

**Chamberblietchen**

**2021-2022**



**Chambre  
des Députés**  
GRAND-DUCHÉ  
DE LUXEMBOURG

## Table des matières pour 2021-2022

| Document | Contenu                  | Page |
|----------|--------------------------|------|
| CR n°0   | Séances n°0              | 3    |
| CR n°0   | Séances n°0              | 23   |
| CR n°0   | Séances n°0              | 43   |
| CR n°0   | Séances n°0              | 63   |
| CR n°1   | Séances n°1, 2, 3, 4     | 79   |
| CR n°2   | Séances n°5, 6, 7, 8, 9  | 143  |
| CR n°3   | Séances n°10, 11         | 207  |
| CR n°4   | Séances n°12, 13, 14     | 271  |
| CR n°5   | Séances n°15, 16, 17     | 335  |
| CR n°6   | Séances n°18, 19         | 399  |
| CR n°7   | Séances n°20, 21, 22, 23 | 463  |
| CR n°8   | Séances n°24, 25, 26     | 527  |
| CR n°9   | Séances n°27, 28         | 591  |
| CR n°10  | Séances n°29, 30         | 691  |
| CR n°11  | Séances n°32, 33, 34     | 791  |
| CR n°12  | Séances n°35, 36, 37     | 891  |
| CR n°13  | Séances n°38, 39, 40     | 991  |
| CR n°14  | Séances n°41, 42, 43, 44 | 1091 |
| CR n°15  | Séances n°45, 46         | 1191 |
| CR n°16  | Séances n°47, 48         | 1291 |
| CR n°17  | Séances n°49, 50, 51     | 1391 |
| CR n°18  | Séances n°52, 53, 54     | 1491 |
| CR n°19  | Séances n°55, 56, 57     | 1591 |
| CR n°20  | Séances n°58, 59, 60     | 1691 |
| CR n°21  | Séances n°61, 62         | 1791 |
| CR n°22  | Séances n°63, 64, 65     | 1891 |
| CR n°23  | Séances n°66, 67         | 1991 |
| CR n°24  | Séances n°68, 69, 70     | 2091 |
| CR n°25  | Séances n°71, 72         | 2191 |





# CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

ÉDITION SPÉCIALE

RÉVISIONS DE LA

## CONSTITUTION

INFORMATION

DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

La proposition de révision de la Constitution concernant l'organisation de l'État, la monarchie, le Gouvernement, les communautés religieuses et les communes a été adoptée le 25 janvier 2022 - par un premier vote - avec une majorité de deux tiers des suffrages des députés (Proposition de révision n° 7700 des chapitres I<sup>er</sup>, II, III, V, VII, VIII, IX, X, XI et XII de la Constitution).

### PRINCIPAUX CHANGEMENTS

La langue luxembourgeoise, le drapeau, les armoiries et l'hymne national sont inscrits dans la Constitution. L'attachement au multilinguisme est confirmé.

L'adhésion du Luxembourg au processus d'intégration européenne est confirmée.

Certaines dispositions relatives au Grand-Duc sont spécifiées :

- Le pouvoir exécutif est exercé conjointement avec le Gouvernement.
- Le Grand-Duc reste commandant de l'armée, mais le commandement est exercé sous la responsabilité du Gouvernement.
- L'administration du Grand-Duc est dotée de la personnalité juridique.
- L'accession à la fonction de Grand-Duc, l'abdication et la régence sont réglées en détail.
- Il n'y a plus aucune référence au Pacte de Nassau.

Les dispositions concernant le Gouvernement sont précisées :

- Le Gouvernement dirige la politique générale de l'État, et l'action du Gouvernement est coordonnée par le Premier ministre. Ces dispositions sont des adaptations à la pratique institutionnelle.
- Les motions de confiance et de censure sont introduites dans le texte de la Constitution.
- Le Gouvernement et ses membres sont responsables devant le Parlement.

Une nouvelle section vise les relations entre l'État et les communautés religieuses.

Les dispositions concernant les communes sont précisées :

- Les communes ont droit aux ressources financières nécessaires à l'exercice de leurs missions.
- Elles ont la possibilité de créer des établissements publics communaux.

Les chambres professionnelles sont inscrites dans la Constitution.

Conformément à l'article 114 de la Constitution, la proposition n° 7700 devra faire l'objet d'un deuxième vote de la Chambre des Députés à intervenir dans un intervalle d'au moins trois mois depuis le premier vote. Ce deuxième vote peut être remplacé par un référendum si la demande en est faite par 16 députés au moins ou 25.000 électeurs inscrits sur les listes électorales pour les élections législatives.

L'intégralité du dossier parlementaire peut être consultée sur le site [www.chd.lu](https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution) (<https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution>).

REVISIOUNE VUN DER

## CONSTITUTION

INFORMATIOUN

VUN DER CHAMBER

D'Chamber huet d'Proposition N° 7700 fir d'Revisioun vun der Verfassung op de Kapitele Staatsorganisatioun, Monarchie, Regierung, Reliounsgemeinschaften a Gemengen an engem éischte constitutionnelle Vott de 25. Januar 2022 mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen ugeholl (« Proposition de révision des chapitres I<sup>er</sup>, II, III, V, VII, VIII, IX, X, XI et XII de la Constitution »).

### HAAPTÄNNERUNGEN

D'Lëtzebuenger Sprooch, de Fändel, de Wopen an d'Nationalhymn kommen an d'Constitution. Um Prinzip vun der Méisproochegkeet gëtt festgehalten.

Et gëtt confirméiert, dass Lëtzebuerg beim europäeschen Integrationsprozess matmécht.

Wat de Grand-Duc ugeet, ginn et eng Rei Ännerungen:

- En huet de Pouvoir exécutif, zesumme mat der Regierung.
- En ass nach ëmmer Kommandant vun der Arméi, awer ënnert der Responsabilitéit vun der Regierung.
- D'Administratioun vum Grand-Duc kritt d'Rechtsperséinlechkeet.
- Et ginn detailléiert Reegele fir den Zougang zu der Funktioun vum Grand-Duc, fir d'Odfanken a fir d'Regence.
- Et gëtt keng Referenz méi op de Familljepakt vum Haus Nassau.

Fir d'Regierung ginn et Prezisiounen:

- D'Regierung leet d'generell Politik vum Staat an de Premierminister koordinéiert der Regierung hir Aarbecht. Domat gëtt den Text der Praxis ugepasst.
- De Vertrauens- an de Mësstrauensvott ginn an der Verfassung verankert.
- D'Regierung an hir Membere mussen sech géintwärtig der Chamber verantworten.

Et gëtt eng nei Sektoun iwwert d'Relatiounen tëscht dem Staat an de Reliounsgemeinschaften.

Fir d'Gemenge gëtt Verschiddenes prezisiéiert:

- Si kréien d'Finanzressourcen, déi fir hir Missiounen néideg sinn.
- Si kréien d'Méiglechkeet, fir kommunal Etablissement-publicken ze kreéieren.

D'Chambre-professionnell ginn am Text verankert.

Nom Artikel 114 vun der Verfassung muss d'Proposition N° 7700 no engem Intervall vun op d'mannst dräi Méint nom éischte Vott duerch en zweete constitutionnelle Vott vun der Chamber adoptéiert ginn. Den zweete Vott kann duerch e Referendum ersat ginn, wann op d'mannst 16 Deputéiert oder 25.000 Wieler, déi an de Wielerlëscht fir d'Legislativwalen agedroe sinn, dat froen.

De ganze parlamentareschen Dossier kann op der Websäit [www.chd.lu](https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution) consultéiert ginn (<https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution>).



# SOMMAIRE

## 31<sup>E</sup> SÉANCE - Mardi 25 janvier 2022

Présidence : M. Fernand Etgen, Président, et M. Marc Spautz, Vice-Président

|    |                                                                                                                           |   |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                               |
|----|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|---|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| 1. | OUVERTURE DE LA SÉANCE PUBLIQUE                                                                                           | - | M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   |
| 2. | COMMUNICATIONS                                                                                                            | - | M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   |
| 3. | ORDRE DU JOUR                                                                                                             | - | M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   |
| 4. | CHANGEMENT DE COMPOSITION D'UNE DÉLÉGATION PARLEMENTAIRE LUXEMBOURGEOISE AUPRÈS D'UNE ASSEMBLÉE INTERNATIONALE            | - | M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   |
| 5. | 7700 - PROPOSITION DE RÉVISION DES CHAPITRES I <sup>ER</sup> , II, III, V, VII, VIII, IX, X, XI ET XII DE LA CONSTITUTION | - | Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Mars Di Bartolomeo<br><br>Discussion générale : M. Léon Gloden (interventions de M. Fernand Kartheiser, Mme Josée Lorsché, M. Gilles Baum et M. Dan Kersch) - Mme Simone Beissel - M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel) (interventions de M. Léon Gloden et M. Gilles Baum) - M. Charles Margue - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Claude Wiseler, M. le Premier Ministre Xavier Bettel, Mme Simone Beissel, M. Fred Keup, M. Dan Kersch et M. Sven Clement) - Mme Myriam Cecchetti - M. Sven Clement (interventions de M. Yves Cruchten et M. Mars Di Bartolomeo) - M. Yves Cruchten - M. Mars Di Bartolomeo<br><br>Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État<br><br>Premier vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution |
| 6. | DÉPÔT D'UNE DEMANDE D'ORGANISATION D'UN REFERENDUM TEL QUE PRÉVU À L'ARTICLE 114, ALINÉA 3 DE LA CONSTITUTION             | - | Exposé : M. Fernand Kartheiser<br><br>Au banc du Gouvernement se trouve :<br>M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |

(La séance publique est ouverte à 14.31 heures et close à 17.58 heures.)



<https://www.chd.lu/ArchivePlayer/video/3532.html>

### 1. OUVERTURE DE LA SÉANCE PUBLIQUE

M. Fernand Etgen, Président. - Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État. - Nee, Här President.

### 2. COMMUNICATIONS

M. Fernand Etgen, Président. - Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Bureau deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

An d'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzungswoch deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

### COMMUNICATIONS DU PRÉSIDENT - SÉANCE PUBLIQUE DU 25 JANVIER 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

7950 - Projet de loi relatif au financement de l'action SuperDrecksKëscht

Dépôt : Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 18.01.2022

7952 - Projet de loi portant changement de limites entre la Commune de Berdorf et la Commune de Consdorf

Dépôt : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, le 18.01.2022

7953 - Projet de loi portant approbation de l'Accord portant extinction des traités bilatéraux d'investissement entre États membres de l'Union européenne, signé à Bruxelles, le 5 mai 2020

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 19.01.2022

7954 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, le 19.01.2022

7955 - Projet de loi modifiant

1° la loi modifiée du 3 août 2005 concernant le sport et

2° la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du travail

Dépôt : M. Georges Engel, Ministre des Sports, le 19.01.2022

7956 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à acquérir un vélodrome et à participer au financement des travaux nécessaires à la construction des équipements et aménagements nécessaires à son exploitation

Dépôt : M. Georges Engel, Ministre des Sports, le 19.01.2022

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2200 - Demande de pétition publique : Arrêt des tests Covid sur les enfants

Dépôt : M. Jérôme Houbardon, le 19.01.2022

2201 - Demande de pétition publique : Abschaffung der Maskenpflicht in den Schulen

Dépôt : M. Rasim Cosic, le 19.01.2022

2202 - Demande de pétition publique : Manner Käschte fir laktose- a glutenfräi Produkter

Dépôt : M. Luca Donner, le 20.01.2022

2203 - Demande de pétition publique : Géint eng systematesch Erhéijung vum Mindestloun, ouni och déi aner Salariée gläichwäerteg ze behandelen

Dépôt : M. Alain Lorang, le 20.01.2022

2204 - Demande de pétition publique : Pour la reconnaissance des responsabilités pénale et financière personnelles des membres du Gouvernement et députés ayant voté au moins une fois favorablement à l'application du Covid-Check et/ou obligation vaccinale contre la Covid-19, en cas d'effet secondaire suite à une injection contre la Covid-19

Dépôt : M. Guillaume Torres, le 20.01.2022

2205 - Demande de pétition publique : Amplitudes de travail correctes pour les chauffeurs de bus du secteur privé

Dépôt : M. Alvaro Alexandre Da Costa Sabido, le 21.01.2022

2206 - Demande de pétition publique : Ein Tag ohne News über Covid

Dépôt : M. Joseph Arnoldy, le 21.01.2022

2207 - Demande de pétition publique : Destitution du Docteur Schockmel au sein du conseil scientifique luxembourgeois. «En effet, nous avons attendu trop longtemps!»

Dépôt : M. Yannick Astgen, le 22.01.2022

2208 - Demande de pétition publique : Solar-Recht fir jiddereen

Dépôt : M. Jean-Pierre Hein, le 23.01.2022

2209 - Demande de pétition publique : Dringend Verstärkung vun der Sécherheet op der Escher Gare./ Net just an der Gare, mee och intensiv op der Busgare zu Esch./ De Busdingscht ass bedingungslos der Kriminalitéit ausgesat./ Gefuerdert gi Kameraiwwerwaachung, permanent Sécherheetspatrullen a méi Policepräsenz zum Schutz vu Fuerpersonal a Bevölkerung!

Dépôt : M. Alain Gales, le 21.01.2022

2210 - Demande de pétition publique : Förderung vum Cours „Instruction civique“ an de Schoulen

Dépôt : M. Luca Colling, le 24.01.2022

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. ORDRE DU JOUR

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 4. CHANGEMENT DE COMPOSITION D'UNE DÉLÉGATION PARLEMENTAIRE LUXEMBOURGEOISE AUPRÈS D'UNE ASSEMBLÉE INTERNATIONALE

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentareschen Delegatiounen ubelaangt, ass follgend Ännerung agaangen: An der „Délégation luxembourgeoise auprès de la Conférence interparlementaire sur la stabilité, la gouvernance économique et la gouvernance au sein de l'Union européenne“ ersetzt den Här André Bauler d'Madamm Carole Hartmann als effektive Member.

Gëtt et dozou iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

(Négation)

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass.

Ass d'Chamber mat dëser Ännerung averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 5. 7700 - PROPOSITION DE RÉVISION DES CHAPITRES I<sup>ER</sup>, II, III, V, VII, VIII, IX, X, XI ET XII DE LA CONSTITUTION

Den eenzege Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass d'Verfassungsofännerung 7700, déi d'Kapitelen iwwert d'Organisatioun vum Staat, dem Territoire, de Bierger, dem Staatschef, der Monarchie, de Gemengen an den Iwwergangsdispositiounen ofännert.

Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt.





De Rapporteur, den Här Mars Di Bartolomeo

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Léon Gloden, d'Madamm Simone Beissel, den Här Charles Margue, den Här Fernand Kartheiser. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Verfassungsafännerung, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

## RAPPORT DE LA COMMISSION DES INSTITUTIONS ET DE LA RÉVISION CONSTITUTIONNELLE

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, Kolleeginnen a Kollegen, et ass fir mech eng Éier, haut am Numm vun eiser Institutionskommissioun de Rapport zum zweete Kapitel vun eiser Verfassungsrevisioun, dem Projet de révision 7700, kënne virstellen, dat, nodeem mer hei am Haus jo schonn den 20. Oktober vum leschte Joer dat Kapitel iwwert d'Justiz ënnert dem Rapporteur Léon Gloden am éischte Vott gestëmmt hunn.

Nach ni - nach ni! - ware mer eise Zil, eis Verfassung un déi haiteg gesellschaftlech, institutionell a sozial Realitéiten erunzeféieren, esou no. Dat verdanke mer enger gudder Zesummenaarbecht an der Institutionskommissioun an der exzellenter Viraarbecht, déi an deene leschte 15 Joer an der Kommissioun, awer och am Dialog no bausse geleescht gouf. Dofir e grouse Merci.

E spezielle Merci menge Virgänger Paul-Henri Meyers an Alex Bodry souwéi der Madamm Carole Closener, déi eis Aarbechte mat grousser Kompetenz begleet.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Am zweete Kapitel vun der Verfassungsrevisioun geet et ëm eis Staatsform, de Staatschef - de Grand-Duc -, déi konstitutionell Monarchie, d'Regierung, d'Relationen tëscht Staat a Glawensgemeinschaften, d'Gemengen an nach munches méi. Och d'Berufschamberen als wichtegt Element vum Sozialdialog kommen nei an d'Verfassung.

Allgemeng gi mat dësem Deel vun der Verfassungsrevisiounen eis Institutionen

duerch déi nei Texter gestärkt an dat wäert och bei deenen anere Projeten oder Propositionen de Fall sinn.

Am éischten Deel vun der Proposition 7700 hu mer an den Artikelen 1 bis 8 déi weesentlech Elementer vun eiser Staatsform regruppéiert. Mir halen dat Bewäertent bäi a schreiwen eng Rei vun Neierunge mat héijem Erëmerkennungswäert op d'Visitkaart vun eise Land.

Lëtzebuerg ass a bleift eng parlamentaresch Demokratie, eng konstitutionell Monarchie, déi op Prinzippe vum Rechtsstaat an dem Respekt vun de Mënscherechter baséiert. De Respekt vun de Mënscherechter an dass eise Staat en État de droit ass gëtt déi éischte Kéier explizitt an der Verfassung festgehalen - wichtig, ganz wichtig!

Lëtzebuerg ass a bleift e Staat, dee fräi, onofhängeg an ondeelbar ass. Et gëtt deemno un den aktuellen Dispositiounen näischt geännert. Nei ass awer d'Festschreiwung vun eise Staatssymboler an d'Verfassung. D'Lëtzebuurger Sprooch, de rout-wäiss-bloe Fändel, de Wopen, de Wopen an eis Nationalhymn, ginn an der Verfassung verankert. Um Prinzip vun der Méisproochegkeet vun eise Land, déi eng grouss Tromp och ass fir eis an der Welt, ...

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - ... gëtt awer näischt geännert. D'Lëtzebuurger Sprooch: wichteg fir eis, fir den Zesammenhalt hei am Land; d'Méisproochegkeet, fir d'Importenz vu Lëtzebuerg an der Welt kënnen ze verdeedegen - ech mengen, dat ass eng gutt Mëschung.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Et gëtt keen anert Land, dat wéi mir Lëtzebuergesch schwätzt. Et gëtt och kaum en anert Land, dat esou méisproocheg ass wéi mir. Dat musse mer als dat ugesinn, wat et ass: extreem, extreem positiv fir eise Land!

Nei ass och, dass eis Verbonnenheet zu der europäescher Gemeinschaft an eise Grundgesetz kënnt.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Dat huet näischt mat Souveränitéitsverloscht ze dinn, well déi Verträge, déi dat festgehalen hunn, sinn um demokratesche Wee verofschit ginn! A wa mer net méi wëllten un déi Verträge gebonne sinn, da gëtt et och Méiglechkeeten, fir déi ze kënnegen. Wien dat awer wëllt, soll e bëssen no Weste kucken a sech da seng Gedanken doriwwer maachen.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Eis Hauptstadt réckelt an eise Propositionen ganz no vir a gëtt als Sätz vun eise Institutionen verankert.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Dir kënnt lech erënneren: D'Hauptstad war/ass an der jëtzege Verfassung an deenen hënneschten Artikelen genannt. Och d'Hauptstad huet e groussen Erëmerkennungswäert fir eise Land!

Am zweeten Deel, den Artikelen 32 bis 49 vun eiser Revisiounsproposition, geet et ëm de Grand-Duc, eise Staatschef, an déi konstitutionell Monarchie. Den Artikel 32 hält explizitt fest, dass de Grand-Duc eise Staatschef ass. A fir eventuellen Diskussiounen virzegräifen, firwat dass do just „Grand-Duc“ steet: Sollt an der Trounfolleg eng Fra nokommen, dann ass et selbstverständlech, dass dee Begrëff och dat ofdeckt. An dat gëllt och fir déi aner Termen, déi mat „Staatschef“ zesummenhängen - ech ënnersträichen: Trounfolleg.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - De Grand-Duc erfëllt dës Fonctioun, dës Missioun, andeems hien de Staat representéiert an d'Symbol vun der Unitéit a vun der nationaler Onofhängegkeet ass. Seng Persoun ass, an dat gëtt garantéiert vun der Verfassung, inviolable.

U sech iwwerhëlt den Artikel 32 den éischte Saz vum aktuellen Artikel 33, mee en definéiert dem Staatschef seng Missiounen méi

kloer. Seng Roll an enger parlamentarescher Demokratie gëtt op kee Fall geschwächt. An ech géif soen, dass de Grand-Duc mat senger Aart a Weis, wéi e säin Amt féiert, déi nei Texter schonn anticipéiert huet. De Grand-Duc exercéiert zesumme mat der Regierung d'Exekutiv, wat och nei festgehalen gëtt, selbstverständlech mam Contreseinng vun der Regierung, an huet keng aner Pouvoir wéi déi, déi vun der Verfassung a vun de Gesetzter festgeluecht ginn, wat elo näischt Neies par rapport zum aktuellen Text ass.

D'Disposition iwwert den État de crise, bis elo den Artikel 32 Paragraph 4, ass elo am Artikel 36 erëmfannen. Do ginn et keng Ännerungen. An de rezenten Artikel, deen ass nach net al, huet sech jo och an der jëtzege Kris méi wéi bewäert.

D'Reegele fir den Zougang zu der Fonctioun vum Grand-Duc, fir seng Odfankung a fir d'Regentschaft, wa se dann noutwendeg wären, kommen elo an d'Verfassung an et gëtt net méi op de sougenannte Familljepakt vum Haus Nassau verweisen. Et ass richtig a wichtig, dass dat Reegelwierk ronderëm eise Staatschef net an engem privatrechtleche Vertrag, mee an der Verfassung verankert gëtt. Dat gëtt dem Staatschef och eng ganz aner Sécherheet, wéi wann dat an engem Familljepakt verankert ass. Och do gëtt näischt ewechgeholl, mee et gëtt a Bëton gegoss.

Am Allgemenge gëtt dobäi d'Roll vun der Chamber gestärkt. An och an deem Fall, wou de Staatschef net méi kéint oder wëllt seng verfassungsméisseg Roll erfëllen, hu mer hei Dispositiounen virgesinn. Kee wëllt dat. Kee wëllt an esou eng Situatioun kommen. Mee wann dat Onwarscheinlech, dat kee vun eis wënscht, sollt antrieden, dann ass et sécher besser, dass mer eng kloer Reegel mat ville Garantien hunn, wéi wa mer eis dann eréischt mat där Fro misste befaassen. A mir sinn net dat eenzeg Land, dat fir esou Situatiounen virsuergt, fir wann dat Onwarscheinlech géif virkommen.

Deen neien Text séichert dann dem Grand-Duc déi néideg personell a finanziell Mëttelen, fir dass hie seng Fonctiounen, seng representativ Verflichtungen kann erfëllen.

Hei hält den neien Artikel 42, deen den aktuellen Artikel 43 ersetzt, fest, dass de Grand-Duc, de fréiere Grand-Duc, de Grand-Duc héritier, de Regent an de Lieutenant-Representant eng järelech Dotatioun vum Staatsbudget kréien. An der jëtzege Verfassung steet nach, dass de Grand-Duc järelech 300.000 Goldfrang zegutt huet - ech hat bal gesot „Golddukat“ -, e Beispill dofir, dass mer eis Verfassung un eis Zäit, un d'Realitéit mussen upassen.

Et ass hei an do monéiert ginn - „monéiert“ ass dann dee richtigen Term -, dass an eise Text de Grand-Duc net méi d'Recht huet „pour battre la monnaie“. Ech muss soen, dass zënter Längerem déi Kompetenz bei eiser Zentralbank leien an, dass och näischt déi Zentralbank dorun hënnert, fir Mëzen a Geldschäiner mat eise Grand-Duc drop ze drécken oder ze prägen. Och hei mengen ech, dass d'Zäit net méi déi ass, wou een aus Gold Mënze géisst.

An dësem Artikel kritt de Grand-Duc och d'Basis, fir seng Verwaltung, d'Maison du Grand-Duc, am öffentliche Interêt ze organiséieren. Dës Administratioun kritt eng eege Rechtsperséinlechkeet. Am neien Artikel 38 gëtt festgehalen, dass de Grand-Duc d'Fonctionnaires ernannt. Par rapport zum aktuellen Artikel 35 gëtt de Fonctionnairesstatut awer duerch e Gesetz geregelt. Den neien Artikel 40 limitéiert dem Grand-Duc säi Recht, Adelstitelen ze conferéieren op Membere vun der groussherzoglecher Famill.

Een Artikel, dee fir vill Diskussiounen gesuergt huet, ass den Artikel 41, deen elo festhält, dass de Grand-Duc den Titel vum Kommandant vun der Armée dréit, mee dass den effektive Kommando vun der Armée ënnert der Responsabilitéit vun der Regierung ausgeübt gëtt.

Dir gesitt, d'Kapitel iwwert de Grand-Duc prezisiéiert vill Saachen an encadréiert seng Fonctioun an hir Ausübung besser a méi realitéitsno. Et sief just drop higewisen, dass déi Dispositioun iwwert den Titel vum Kommandant vun der Armée erëm vun eis an d'Propositionen eragesat ginn ass. Dat war bei der Gesamtreform 6030 net méi de Fall.



An den Artikelen 76 bis 83 ginn d'Dispositionen iwwert d'Regierung preziséiert an un d'Realitéit ugepasst. Sou féiert d'Regierung déi allgemeng Staatspolitik. Dës Disposition ass et esou an der jëtzege Verfassung net ginn. D'Regierung als dat eigentlech Exekutivorgan organiséiert sech selwer a kritt déi Plaz, déi hir an enger parlamentarescher Demokratie vun haut zousteet, an dat ënnert der Kontroll vum Parlament.

Den Artikel 77 gesäit d'Zusammensetzung vun der Regierung vir. Dëst ass och nei, jiddefalls eng ganz Rei vu Präzisionen, well an der jëtzege Verfassung nëmme stoung, dass d'Regierung aus mindestens dräi Membere bestoe géif. Elo gëtt prezis festgehalen, dass si aus engem Premier, engem oder méi Vizepremieren, aus Ministere a gegebenefalls Ministres délégués a Staatssekretäre bestoe kann.

An dësem Artikel ass dann och d'Formule vum Eed vun de Regierungsmemberen niddergeschrivven. Dat ass et bis elo och nach net an der Verfassung ginn. Wat bleift, sinn d'Inkompatibilitéite vun de Regierungsmemberen, déi et de facto scho gëtt, mee déi elo an d'Verfassung ageschrivwe ginn.

Den Artikel 80 gesäit vir, dass de Premierminister der Regierung hir Aarbecht koordinéiert an doduerch fir eng eenheetlech Linn an der Regierungsaarbecht suergt. De Premier gëtt vun der Verfassung als -ech wollt bal soen, de Kapitän -, mee de Primus inter pares definéiert.

Fir déi éischte Kéier gesi mer de Prinzip vun der Séparation des pouvoirs an eiser Verfassung vir.

D'Vertrauensfro fënnt sech och elo an eise Grondgesetz erëm, an zwar gesäit den Artikel 82 vir, dass all nei zesummegehaltene Regierung muss fir d'éischt d'Vetraue vun der Chamber kréien, dat heescht, si muss duerch e Vott dëst Vertraue kréien.

Et ass och virgesinn, dass de Premier kann -nëmmen hie kann dat - d'Vertrauensfro vun der Regierung virun der Chamber stellen, an dëst an dem Kader vun der Adaptatioun vun engem Gesetz oder och enger Regierungsdeklaratioun. An der Realität diskutéiert de Premier dat virdrun am Regierungsrot a geet eréischt da virun d'Chamber.

D'Chamber ka vu sech aus Mësstrauensanträge deposéieren, mat deene si hiert Vertrauen an d'Regierung zrëckzitt oder - oder verlängert. Dëst ass e politesche Moyen vun de gewielte Volleksvertreder par rapport zu der Regierung.

Wann d'Regierung während der Legislatur oder de Moment vun hirer Kompositioun d'parlamentarescht Vertraue verléiert, da muss de Premier d'Demissionen vu senger Regierung dem Staatschef presentéieren. Während d'Regierung demissionnaire ass, also virun hirer Opléisung steet, ka si nach déi allgemeng Regierungsgeschäfte provisoersch weiterféieren, dëst, bis déi nei gebilte Regierung untrëtt. Dëst ass an der aktueller Verfassung esou net virgesinn.

Wat immens wichteg war fir ze iwwerschaffen, war d'Responsabilitéit, also d'Rechnenschaftsflucht vun de Regierungsmemberen an der Regierung. Dat hu mer gemaach. Mir gesinn elo an der Verfassung de Prinzip vun der Responsabilité politique vun de Regierungsmembere vir. Den Artikel 83 ass ganz nei a geet vill méi wäit wéi den aktuellen Artikel 78. Dëst ass e fundamentale Prinzip vun alle parlamentaresche Regimenter. All Regierungsmember an d'Regierung als Ganzt sinn elo virun der Chamber verantwortlech a muss sech virun hir veräntweren, wann dat noutwendeg ass. Am Kloeertext heescht dat, dass all Minister, deen Titulaire vun engem Ressort ass, sech muss während deem ganzen Exercice virun deene verantworten, vun deenen hien de Pouvoir kritt.

Vun dem Deputéierteregimm inspiréiert hunn d'Regierungsmemberen elo eng

zivil a strofrechtlech Immunitéit fir Meinungsäusserungen am Kader vun hirer Fonctioun. Dëst ass de Prinzip vun der Immunité juridictionnelle, dee sech un der belscher Verfassung inspiréiert, an et ass de Corollaire zu der Immunité vun eisen Deputéierten.

Donieft hunn d'Regierungsmemberen awer déi strofrechtlech Responsabilitéit.

An deem neie siwente Kapitel geet et ëm d'Force publique, déi allgemeng staatlech Verwaltung an d'Finanze souwéi ëm d'Relatioun tëscht dem Staat an de Glawensgemeinschaften.

Am aktuellen Artikel 95 gëtt den Term „Armée“ nach benotzt. Dat ass am neien Artikel 97bis net méi de Fall, well mir benotzen elo den Term „Force publique“, fir besser den Ensemblen vun der Force publique ze bezeichnen. Ënnert deen Term fällt och elo niewent der Armée d'Police.

Den aktuellen Artikel 97 gëtt och an den

de SuperDrecksKëscht-Vertrag an der Diskussioun. An do hu sech och eng Rei vu Froen gestallt. Mir waren eis awer eens, dass mer hei am Rumm vun de Verfassungsrevisionen net aus der Héift sollt schéissen, mee dat mat rouegem Kapp sollt préiwien an da gegebenefalls an der Praxis dat maachen, wat sech opdrängt.

Am neien Artikel 102 gëtt de Prinzip vun der Trennung vu Kierch a Staat verankert. Hei ginn d'Konventionen, déi vum Staat an de Glawensgemeinschaften ënnerschrivwe gi sinn, en compte geholl. An der iwwerschafter Verfassung steet elo, dass d'Relatiounen tëscht dem Staat an de Glawensgemeinschaften gesetzlech gereegelt kënnen ginn. Et ass méiglech, dass dës Bezéiungen duerch Konventionen, déi den Accord vun der Chamber mussen fannen, méi genee definéiert ginn. Zäitgläich suppriméiert dës nei Disposition och d'Verpflichtung fir de Staat, d'Pensionen an d'Paie vun de Geschtlichen ze iwwerhuelen. Den Artikel 102 ass also d'Resultat vun Accorden, déi 2015 vu 55 Deputéierten adoptéiert

An den Diskussiounen an der Kommission war d'Fro opgeworf ginn, ob d'Gemeingeregelter, d'Polizeiregelter dësen Dispositionen géife standhalen. D'Institutionskommission war eestëmmege der Meinung, dass d'Gemeingesetz dat zur Genüge ofsécher an hei de Pouvoir vun de Gemeinde kengesweegs geschmälert gëtt - wichteg awer, dat ze ënnersträichen!

Ganz positiv ass, dass d'Berufsschamberen an eise Propositionen hir Plaz als wichtige Facteur vum Sozialdialog an der Verfassung fannen.

Zu gudder Lescht iwwerhuele mer déi bisheereg Prozedur bei de Verfassungsännerungen.

Den Artikel 114 gesäit vir, dass d'Reegele vun der Successioun op den Troun vum Grand-Duc sech déi éischte Kéier bei der Successioun vum Grand-Duc Henri, also net retroaktiv applizéieren.

Nodeems d'Proposition de révision 7700

Artikel iwwert den eegene Statut vun de Gemeingefonctionnairen net verstinn an nach eng Kéier op d'Suppression vum Artikel, deen ech virdru genannt hunn, insistéiert hunn.

Den 19. Abrëll 2021 ass den Avis vum Syndicat des villes et communes, dem Syvicol, agereecht ginn. Do stellt de Syvicol sech d'Fro, wéi sou de Legislatuer decidéiert huet, de Gemeinden den Enseignement aus hire Kompetenzen ze huelen. Si verlaangen déi Kompetenz nees erëm.

D'Cour administrative huet de 15. Juli en Avis formuléiert, an deem si d'Integratioun vum Prinzip vun der Non-rétroactivité an den neien Texter proposéieren. Derniewent ass d'Cour der Meinung, dass et eng Valeur ajoutée wär, wann d'PANC, d'Procédure administrative non contentieuse, an der Verfassung verankert géif ginn.

Den 2. Februar (veuillez lire: De 25. Februar 2021) huet och d'Regierung Stellung bezunn. D'Regierung ass am groussen Ganzen zefridde mat der Aarbecht, déi bis dohinne

De Grand-Duc Henri © Maison du Grand-Duc - Sophie Margue



Artikel 97bis erageholl, an nodeem d'Commission de Venise eng Kritik formuléiert huet, gëtt och elo en Dispositiv virgesinn, dee beseet, dass et d'Autorisatioun vun der Regierung (veuillez lire: vun der Chamber) brauch, ier d'Force publique am Ausland kann intervenéieren. All Krichserklärung - ech gi jo net dovun aus, dass Lëtzebuerg eng Kéier de Krich erkläert, ausser wann dat de Fall wär an deene Bündnisser, wou mer mat dra sinn - an all Engagement vun eiser Force publique am Ausland müssen also fir d'éischt vun der Chamber autoriséiert ginn. Bis elo war dat net an der Verfassung festgehalen. Duerfir och déi Kritik vun der Wiener Kommissioun (veuillez lire: vun der Venedeg-Kommissioun).

An der zweeter Sektoun vun dësem Deel geet et ëm d'Finanzen. Hei ännert sech elo näischt Dramatesches, mee virun allem sinn déi aktuell Dispositionen regroupéiert ginn.

Am Artikel 99 ginn den aktuellen Artikel 99 vum zweete bis de siwente Saz an den Artikel 103 zesummegeholl. An dëser Disposition geet et ëm den Emprunt, d'staatlech Immobilien an d'Biens mobiliers, Alienatiounen, Vertrag an Acquisitiounen. An dësen Dispositionen ginn et e puer Ëmformuléierungen, mee de Fong ass d'nämmlech bliwwen. Deen Artikel war an deene leschte Wochen an elo ganz rezent mam Avis vun der Cellule d'expertise vun eiser Chamber am Zesammenhang mat

gi sinn an déi och de Gerichtsurteeler standgehalen hunn.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Dat drëttlescht Kapitel betrëfft d'Gemeinen. Den neien Text iwwerhëlt am groussen Ganzen d'Bestëmmungen, déi am aktuellen Text fir d'Verfassung gëllen.

Neierdengs kann de Gemengerot ënner bestëmmte Bedéngunge speziell Steieren decidéieren, déi am Interêt vun der Gemeng noutwendeg sinn. An der aktueller Verfassung ass dee Pouvoir net virgesinn.

Nei an dëser Disposition ass awer och, dass de Staat derfir suerge muss, dass d'Gemeinen iwwert déi noutwendeg Moyene verfügen, fir hir Missiounen ze erfëllen. Esou ass och festgehalen a vun der europäescher Charta iwwert d'kommunal Autonomie inspiréiert, dass all Gesetz, dat de Gemeinden nei Missiounen conferéiert, hinnen och déi noutwendeg Mëttelen zur Verfügung stellt.

Nei ass den Artikel 108, dee virgesäit, dass d'Gemeinde kënnen eleng oder zesumme mat anere Gemeinde kommunal oder interkommunal ëffentlech Aariichtungen grënnen.

- da kommen ech zur Prozedur - de 17. November 2020 deposéiert ginn ass, krute mer eng ganz Rei vun Avisen, op déi ech nëmme ganz kuerz aginn, a fir den Detail weisen ech op de schrëftleche Rapport hin.

Den 9. Mäerz 2021 ass den éischten Avis vum Staatsrot komm. Wichteg ass awer ze wëssen, dass de Conseil d'État jo schonn detailléiert Avisen zur geplanter Gesamt-reform 6030 gemaach hat an op déi Dispositionen, déi mer iwwerholl hunn, net méi weider agaangen ass.

De Staatsrot war elo ënner anerem der Meinung, dass een déi Disposition, déi dem Grand-Duc den Titel vum Kommandant vun der Armée sécher, sollt sträichen. E war domat net eleng. Et waren och eng Rei vun anere berodenden Instanzen, déi an déi dote Richtung argumentéiert hunn. D'Kommissioun war anerer Meinung an dat soll een och esou soen.

De Staatsrot huet duerno nach zwee Avis-complémentairen ausgeschafft.

Niewent dem Staatsrot sinn nach sëlleg aner Organer intervenéiert. De 26. Mäerz 2021 huet d'Chamber vun de Fonctionnairen hiren Avis ofginn. D'Staatsbeamte-kummer huet de 7. Oktober 2021 en Avis complémentaire agereecht, an deem si, och wéi de Staatsrot a sengem éischte complémentairen Avis, d'Abrogatioun vum

geleescht ginn ass, besonnesch, wat dat nei Kapitel iwwert d'Organisatioun vun der Regierung ugeet, wou zum Beispill festgehal gëtt, dass d'Regierung den zentrale Punkt am Pouvoir exécutif ausübt.

D'Berufsschamberen hirsäits hunn e gemeinsamen Avis ausgeschafft. Si hunn hir Verankerung an der Verfassung begréisst.

Zum Schluss nach e puer Wuert zur Prozedur: Den 2. Dezember 2021 huet d'Institutionskommission de schrëftleche Rapport bei enger Géigestëmm an enger Enthaltung, also mat enger ganz grousser Majoritéit, ugeholl.

(M. Marc Spautz prend la présidence.)

Wa mer haut dës Revisiounspropositionen unhuelen, kënnen mer fréiestens no dräi Méint den zweete Vott maachen. Selbstverständlech kann och den Artikel 114 vun der jëtzege Verfassung spille betreffend de Referendum, deen den zweete Vott kéint ersetzen.

Dës Proposition gëif, wa se definitiv vofschit ass, also nom zweete Vott oder no der Alternativ dozou, wa se positiv wär, den éischten Dag vum sechste Mount no der Verëffentlechung a Kraaft treden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eis Cham-



ber huet während deene verschiddenen Etappe vun der Verfassungsrevisiounen d'Effentlechkeet mat agebonnen an elo ganz rezent eng liicht verständlech an objektiv Broschür ausgeschafft, déi dës Deeg un all Haushalter verdeelt gëtt. Och hu mer en Dokument ausgeschafft, dat d'aktuell Verfassung an d'Ännerungen, déi ech elo presentéiert hunn, op eng ganz iwwersichtlech Aart a Weis vergläicht. Een, dee sech also wëllt informéieren, fënnt alles, wat e brauch. A wann e ganz an d'Déift wëllt goen, da geet en op de Site vun der Chamber, wou wierklech alles, wat mer u Virarbechte gemaach hunn, erëmfannen ass.

**Une voix.**- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Schnell - an do kucken ech hannernt mech op de President - wäert och de Compte rendu iwwer eis Diskussiounen vun haut als Bäilag zu den Dageszeitungen, esou wéi dat de Compte rendu ass, bei d'Leit kommen.

Zur Konklusioun: Och dëst Kapitel ass keng Revolutioun, keng Ëmwälzung, mee eng Evolutioun, eng Bréck an dat 21. Joerhonnert.

**Une voix.**- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Mir hunn eis vill Méi gemaach, fir dat Bewäertent, eis Wäerter ofzesécheren ...

**Une voix.**- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- ... an do Upassungen ze maachen, wou d'Texte weesentlech Lacunen hatten oder der Realitéit net méi entsprach hunn - ech hunn e puer Beispiller dovun genannt. Stoen ze bleiwe war fir déi grouss Majoritéit an der Institutiounskommissioun keng Optioun.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Et bleift mir nëmmen nach, all deene Merci ze soen, déi mat ugepaakt hunn, a gläichzäiteg och den Accord vun der LSAP-Fraktioun ze ginn.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet a virun allem Merci fir déi ganz gutt an intensiv Zesummenaarbecht. Merci vun Härzen.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Marc Spautz, Président de séance.**- Merci dem Rapporteur, dem honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabele Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

**Une voix.**- Très bien!

**Une autre voix.**- Den Här Gloden.

**M. Marc Spautz, Président de séance.**- Dat hunn ech gesot.

## DISCUSSION GÉNÉRALE

**M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Erlaabt mer, fir d'éischt e grouse Merci ze soen. Mir foussen haut op enger Aarbecht, déi vun eise Virgänger gemaach ginn ass. Ech wëll hei un de Paul-Henri Meyers an och un den Alex Bodry erënnern, d'Virgänger vum Kollege Mars Di Bartolomeo als President vun der Institutiounskommissioun.

De President huet ganz ville Leit haut hei Merci gesot. Ech erlabe mer, am Numm vun der Kommissioun an och vun deene véier Corapporteren, dem President e ganz häerzleche Merci ze soe fir seng jovial a kollegial Aart a Weis, wéi mer an dësem Dossier virgaange sinn. En hat d'Gespier fir d'Sensibilitéit vun deene verschiddene Parteien. An datt mer haut

weider d'Schëff an de sécheren Hafe kréien, ass e grouse Meritt och vum Kollege Mars. Duerfir merci an nach eng Kéier merci un all déi aner, déi eis encadréieren a gehollef hunn.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).**- Här President, et geet haut, wéi mir et soen, ëm d'Kapitel 2. Et geet ëm d'Fundamenter, ëm d'Organisatioun, ëm d'Strukture vun eisem Staat. Et geet ëm eist Haus Lëtzebuerg; wie mer sinn, vu wou mir kommen. Mir wëlle bleiwen, wat mer sinn, an duerfir däerfe mer net stoe bleiwen.

**Une voix.**- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).**- D'DNA vun eisem Land, wat ass dat? Mir sinn e Grand-Duché, deen eenzeg op dëser Welt. Et ginn nach e puer Duchéen, mee mir sinn deen eenzege Grand-Duché. Dat ass och, wann ech dat elo géif am wirtschaftleche Jargon soen, eis Mark an huet eis dobaussen dank dem Staatschef och vill Dieren opgemaach.

**Une voix.**- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).**- Mir sinn eng parlamentaresch Demokratie a mir hunn eng verfassungsrechtlech Monarchie. D'Souveränitéit läit bei der Natioun, also bei eis. An Zäiten, Här President, wou dobaussen eng Minoritéit op der Strooss verbreet, datt se an dësem Land géif an enger Diktatur wunnen a liewen, hätt ech ni geduecht, datt ech hei um Mikro misst erëm eng Kéier de Wäert an d'Wichtigkeet ënnersträichen, datt mer an enger Demokratie liewen.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).**- Fir mech ass dat eng Selbstverständlechkeet. An all déi Leit, déi dobaussen ënner engem Panneau oder mat engem Panneau „Diktatur“ matlafen oder initiéieren, solle mol an e Land goe wéi Syrien, solle mol an Diktature goen a sollen déi Leit aus deem Land hei op Lëtzebuerg invitéieren! Déi wieren direkt bereet, heihinnerzekommen. An déi aner sollen emol kucke goen, wat eng Diktatur ass!

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).**- Lëtzebuerg ass e Rechtsstaat, bleift e Rechtsstaat, setzt sech a fir d'Mënscherechter a wäert déi och ëmmer respektéieren.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).**- All Pouvoir geet vun der Natioun aus, an dat ass och gutt esou. De Souverain ass d'Vollek an d'Vollek delegéiert d'Ausübung dovunner un déi gewielte Volleksvertreder. An dësem Land decidéiert net nëmmen een, mee et ass den Ankrage vum Zesummeschaffe vu verschiddeenen Institutiounen, deen dëst Land virubréngt.

Komme mer dann zu der nationaler Identitéit an eiser Verfassung. Historesch gesinn ass dat hei e grouse Moment, Här President. Et ass déi éischte Kéier an der Geschicht vun dësem Land, datt d'Sprooch, d'Lëtzebuergesche Sprooch mat senger Méisproochegkeet, de Lëtzebuergesche Fändel an d'„Heemecht“ an d'Verfassung ageschriwwen ginn. Dat ass keen anodiné Gest. A wann ech mat Kolleginnen a Kollegen aus anere Länner schwätzen, verstinn déi am Fong net, datt dat esou laang gedauert huet. Mir hu praktesch déi eenzeg Verfassung op der Welt, wou dräi Haaptmerkmaler vun enger Natioun bis haut net drastinn.

Dat hei ass en historesche Schrëtt a mir sollen dat och net midd ginn ze ënnersträichen.

**Une voix.**- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).**- Mir schreiwen also ganz kloer, och wann d'ADR dat



anescht mengt, eis national Identitéit an dës Verfassung!

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).**- An ech soen och ganz kloer, och wann dat haut net den Objet vun der Verfassungsreform ass, mee vum Kapitel vum Simone Beissel: Mir respektéieren de Referendum vun 2015! Et ass ganz kloer, fir d'Chamberswalen, wann een do wëllt wéi goen, datt ee Lëtzebuerg muss sinn. Een, deen eppes anerens de Leit dobausse verzielt, verzielt Ligen!

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Doriwwer schwätze mer nach herno!

**M. Léon Gloden (CSV).**- Jo, mir schwätzen nach eng Kéier driwwer.

(Brouhaha)

„Sans préjudice“ heescht „unbeschadet“, esou vill Franséisch kann ech.

Dann: kloert Bekenntnis, an de Rapporteur ass dorobber gaangen, zu Europa! D'ADR deelt déi Meinung net. Dat ass eng politesch Meinung. Et ass net meng Meinung, et ass net d'Meinung vu ville Parteien, mee eng Partei ass fräi, esou eng Meinung ze verrieden. Dat si keng Fakenews, vun der ADR, well si bekenne sech wierklech net zu der EU.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dat ass falsch!

**M. Marc Spautz, Président de séance.**- Här Kartheiser, den Här Gloden huet d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- An en huet Recht.

**M. Léon Gloden (CSV).**- Här President, et ass ganz kloer, datt e staarkt Lëtzebuerg e staarkt Europa brauch an e staarkt Europa e staarkt Lëtzebuerg brauch.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).**- Ech erënnere mech u meng Zäit als Droitstudent zu London, do war eng Kéier vill Niwwel iwwert dem Channel. An do stoung an den engleschen Zeitungen: „Fog in the channel, the continent is cut off.“ Dat ass genau déi Mentalitéit, un där d'Engländer haut ze knaen hu mat hirem Brexit. A gleef mer et: Wann haut nach eng Kéier de Referendum an England wier, géif doudsécher kee Brexit méi gestëmmt ginn!

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).**- Da komme mer zu den Institutiounen vun dësem Land. An

do wëllt ech fir d'éischt, Här President, eng generell Remark maachen, well déi zielt fir all Institutiounen, an dat ass de groussen Atout vun dëser Verfassungsreform, an dësem Kapitel wéi och am Kapitel vum Kollege Charles Margue. D'Institutioun gi mat deene jëtzege Ofännerunge krisefest gemaach. Et ass wéi an all Bestietnis: An all Famill kann et eng Kéier net méi esou gutt klappen. Mee da mussen d'Reegele kloer sinn! Bei enger Famill reegelt dat d'Gesetz oder de Contrat de mariage oder d'Testament. Hei reegelt dat d'Verfassung. Wann e Sandkär am Rouage ass vun enger Institutioun, sief et an der Institutioun vum Grand-Duc, sief et bei der Regierung, sief et bei der Chamber, steet hei elo ganz kloer, wat d'Prozedur ass, wat d'Delaie sinn, bis erëm all Riedche geuelegt ass, datt et erëm richtig dréit.

An duerfir soen ech ganz kloer, och hei der ADR: Et ass keng Reform géint d'Monarchie vun dësem Land! Et ass eng Reform fir d'Stärkung vun der Institutioun vum Grand-Duc. Mir féieren de Grand-Duc aus dem 19. Joerhonnert an d'Monarchie vum 21. Joerhonnert.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).**- A fir d'CSV ass et wichteg, datt mer vum „Grand-Duc“ schwätzen. Am 6030 hu mer de Grand-Duc ëmmer als „Staatschef“ bezeechent. Hei hu mer eng Kéier gesot, datt de Grand-Duc de Staatschef ass, well dat ass seng Fonctioun an dësem Land, an dann hu mer allkéiers vum „Grand-Duc“ geschwat, well mer eis bewosst sinn, datt d'Quasiunanimitéit vun dësem Land sech mat dem Grand-Duc a mat der groussherzoglecher Famill identifizéiert.

An dat ass och e groussen Ënnerschied zu de Kollege vun déi Lénk. Déi wëllen eng Republik aféieren. Si soen et net ganz haart, mee si sollen dann och dat ganz kloer hei um Mikro soen.

De Grand-Duc ass eise Staatschef, hien ass d'Symbol vun der Eenheet a vun der Onofhängegkeet vun eisem Land. Hie steet iwwert de Parteien an en ass inviolabel, e kann also net poursuiviéiert ginn. An dat war, ass haut a bleift an Zukunft och de Fall.

Duerfir ass et och selbstverständlech a logesch, datt all Entscheedung vum Grand-Duc vun engem Regierungsmember muss mat ënnerschriwwen ginn. Et ass also falsch ze behaapten, wéi ech an der Broschür vun der ADR liesen, datt de Grand-Duc seng Handlungsfäegkeet ageschränkt kritt an datt en zum Spillball vun der Politik géif ginn a sech net méi kéint eppes trauen. Et ass grad, well en iwwert de Parteie steet, well en inviolabel ass, datt en net zum Spillball vun de politesche Parteie gëtt. Och dat ass erëm eng falsch Duerstellung an der Broschür vun der ADR.

Do steet dann och, muss ech liesen, wann e sengen Attributiounen net géif nokommen, esou wéi d'Regierung oder soss eng Partei dat mengt, datt e kéint ofgesat ginn. Och dat ass falsch. Dat ass falsch! De Grand-Duc kann nëmmen ofgesat ginn, wann e seng verfassungsrechtlech Attributiounen net exercéiert. Da si mer souwiesou an enger institutioneller Kris an da spillen déi Riedercher, da spillen déi Prozeduren, déi mer eeben elo aféieren.

Ech liesen dann och an der ADR-Broschür - jo, ech lese se, mee Dir kritt doduerch d'Wourecht hei gesot, Här Kartheiser ...

(Hilarité et interruption par M. Fernand Kartheiser)

D'ADR reprochéiert dann, d'ADR reprochéiert eis, datt, wann de Staatschef stierft oder eeben zu engem Moment net à même ass ze regéieren, d'Regierung d'Pouvoir vum Grand-Duc u sech rässt. Mir hu fir e kleng Moment e Vakuum, well d'Institutioun Grand-Duc, déi Persoun, déi déi Institutioun soll fëllen, se ee Moment eeben net ka fëllen, bis se erëm gesond ass oder bis mer dann de Successeur gestëmmt hunn. Mee de grouse Virdeel par rapport zur jëtzege Verfassung ass, datt mer eng kloer Prozedur dran hunn. An Dir vergiesst ëmmer, den zweete Saz an der Broschür ze soen. Dir sot ëmmer, mir huelen dem Grand-Duc eppes ewech. Nee, de Grand-Duc gëtt gestärkt, well à la fin du jour ass et sécher, datt de Grand-Duc als Staatschef erëm agesat gëtt, d'Persoun vum Grand-Duc als Staatschef erëm agesat gëtt. Dat ass d'Wourecht!

An dann ass et awer och ganz interessant ze liesen an der ADR-Broschür: Am Ufank vun der Broschür steet, datt dës Verfassungsreform ze vill verfassungsrechtlech Attraiten oder Zich aus der franséischer Verfassung dréit, mir hätten do ze vill franséisch Prinzippien iwwerholl.

Op där anerer Säit wëllt Der awer dem Grand-Duc d'Recht ginn, d'Chamber opzeléisen, eng Prerogativ vun engem President vun der franséischer Republik. An ech soen lech, Här Kartheiser, ech soen lech: De Grand-Duc huet och zum Deel dat Recht, mee am Kader vun enger Prozedur, wou all Institutioun seng Roll ze spillen huet! Et ass de Grand-Duc an dësem Land, deen den Datum vun de Wale fixéiert.

**Une voix.**- Richtig!

**M. Léon Gloden (CSV).**- A firwat fixéiert en deen? A firwat steet den Delai vun den dräi Méint elo an der Verfassung? Well en iwwert de Parteie steet, iwwert der allgemenger politescher Meinung, well en inviolabel ass. Dat ass d'Wourecht, Här Kartheiser, a soss näischt.



**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dat do ass awer schwach.

**M. Léon Gloden (CSV).** - O, Dir sidd ganz schwach, Här Kartheiser, Dir sidd ganz schwach.

*(Brouhaha)*

Da muss ech jo och e bësse schmunzelen, wann op där enger Säit gesot gëtt, de Grand-Duc géif entmuecht ginn, an op där anerer Säit schwätzt d'ADR dem Grand-Duc de Pouvoir of, europäesch Reglementer ëmzesetzen. Entweder dat eent oder dat anert! Hei ass ganz kloer de Beweis, datt de Grand-Duc eng Rei Pouvoiren an dësem Land huet.

An ech wëll och eng Kéier drun erënneren, 2013 war ech jo schonn hei, an ech soen et ëmmer mat engem schmunzelnde Mond: „Am Fong misst d'CSV nach an der Majoritéit sinn, well 2013, wat hei am Sall geschitt ass, war am Fong verfassungsrechtlech net richtig. De Premier Jean-Claude Juncker huet einfach op eemol gesot: „Ech ginn elo bei de Grand-Duc fir Neiwalen.“ Et war keng Prozedur, näischt. An ech erënnere mech, mir hunn alleguer hei, déi deemools schonn hei waren, gekuckt. Am Fong, Här Premier, misst Dir nach do sëtzen an ee vun eis misst nach ëmmer do sëtzen.

*(Hilarité)*

**Une voix.** - Très bien!

**Une autre voix.** - De Wieler, Här Gloden, de Wieler.

**M. Léon Gloden (CSV).** - Majo, mir wieren dann aus der Majoritéit an d'Neiwale gaangen.

*(Brouhaha et hilarité)*

**Une voix.** - Et ass scho gutt, wéi den Här Juncker dat organiséiert huet.

**M. Léon Gloden (CSV).** - Här Baum, Dir hat virdru gesot, ech wier richtig gutt.

*(Hilarité)*

**M. Gilles Baum (DP).** - Dir sidd exzellent, Här Gloden, fuert roueg weider.

*(Brouhaha)*

**M. Léon Gloden (CSV).** - Dann och e ganz wichtige Punkt; gëschter, mengen ech, war et an der Press ze liesen an du war mer dat, éierlech gesot, net esou bewosst: „Zwee Joer nom Rapport Waringo, wou mer déi ganz Diskussioun geféiert hunn iwwert d'Organisatioun vum Haff, vun der Maison grand-ducale - Dir wësst, datt mir deemools als CSV der Meenung waren, datt et net duergeet, iwwer Reglement ze fueren -, elo endlech kritt dann hei an der Verfassung d'Organisatioun vun der Maison grand-ducale eng verfassungsrechtlech Basis, wat e ganz wichtige Schrëtt ass.“

An de Rapportier huet et och gesot, ech mengen, wann ech dobaussen de Leit d'Verfassung erkläert hu mam Recht, also datt de Grand-Duc d'Recht huet, Suen ze drécken: De Grand-Duc huet keng Pressemaschinn méi am Keller hei niewendrun, fir Suen ze drécken.

*(Hilarité)*

Mee wat wichtig ass a wat och richtig ass, och am Sënn vun eisem Land, vu senger Onofhängegkeet: datt weider d'Banque Centrale kann d'Effigie vum Grand-Duc op d'Euroen drécke loossen.

Dann zu dem Titel vum Kommandant vun der Arméi. Haut steet an der Verfassung, datt de Grand-Duc d'Arméi kommandéiert. Mir hate ganz vill Sensibilitéit derfir, fir dee Lien, deem historiesche Lien, muss ee soen,

tëschent dem Herrscherhaus an der Arméi an der Verfassung ze verankeren. An duerfir si mer eis eens ginn, datt de Grand-Duc den Titel als Kommandant vun der Arméi bäibehält. Well et muss een och soen: Wéi geet et an der Praxis - an ech hoffen, mir kommen ni hei zu deem Vott, datt Lëtzebuerg muss engem Land de Krich erklären? Et ass net de Grand-Duc, deen um Päerd mat sengem Säbel virreit, mee et ass eis professionell Arméi, déi da misst an de Krich zéien.

*(Brouhaha)*

Dann och nach e ganz wichtige Punkt, ech hat et a menger Ried iwwert d'Justizkapitel gesot an ech widerhuelen et hei: Et ass och weider esou, datt d'Urteeler vun de Gerichter am Numm vum Grand-Duc exekutéiert ginn.

Komme mer dann zu der Regierung. Mir hunn am Fong e klasseschen Exekutiv mat op där enger Säit der Regierung an op där anerer Säit dem Grand-Duc. An et steet dran, an de Rapportier huet et gesot, datt de Premier d'Aktioun vun der Regierung koordinéiert an duerfir och oppasst, datt se uniform sprécht. Här Premier, dorunner musst Der heiansdo nach schaffen. Et



steet elo an der Verfassung, et gëtt also elo eng richtig Pflicht fir lech.

*(Interruption par M. Xavier Bettel)*

Dann, e ganz wichtige Punkt, an dat ass eng nei Prozedur, déi mer aféieren, ass - an do kommen ech op dat zréck, wat ech virdru gesot hunn, firwat et esou wichtig ass, datt mer kloer Prozeduren an der Verfassung hunn -, datt mer déi Prozedure vun der Motion de censure an der Motion de confiance aféieren, fir datt dat kloer gereegelt ass. A mir si jo och amgaangen, dës Woch hate mer déi éischt Diskussioun an der Institutiounskommissioun an an der Reglementskommissioun, fir iwwert déi Prozeduren ze schwätzen, wéi mer se an eisem interne Chambersreglement aféieren.

E wichtige Punkt ass dann och d'Relatioun vu Kierch a Staat, déi elo eng nei verfassungsrechtlech Basis kritt. Dir wësst, d'CSV war do mat villem net d'accord. Ech erënneren nach eng Kéier kuerz - ech mengen, et ass wichtig, an dësem Kontext och eng Kéier den Historique do ze maachen -: An der aktueller Verfassung hu mer den Artikel 22 an den Artikel 106 stoen, wou eebe gesot gëtt, datt de Staat kann intervenéieren am Kader vun der Nominatioun vun de Chefs de culte an datt d'Paie vun de Geeschtlechen am Fong à charge vum Staat sinn.

2014/2015 ass dunn och deels duerch d'Initiativ vun der Kierch déi Diskussioun

lassgetrëppelt ginn. Et war eng éischt Motioun hei virbruecht ginn an der Chamber fir ze soen: „Mir schafen dat of. Mir huelen dee ganzen Text aus der Verfassung eraus.“ Do ware mir als CSV net domadder d'accord an ech kucken do de Parteipresident, deen hat deemools hei d'Ried gehalen, wou e gesot huet: „Glawengemeinschaften“ - am Wuert „Glawengemeinschaften“ ass d'Wuert „Gemeinschaft“ - „sinn en Deel vu Lëtzebuerg“. An et ass fir d'CSV essenziell, datt, wa mer eppes wëlle maachen, dat eng Basis an der Verfassung kritt.

Doropshin ass eng Resolutioun gestëmmt ginn iwwert déi véiert Fro fir de Referendum, wat am Fong keng Fro vun Trennung vu Kierch a Staat war, wou just gefrot ginn ass: „Sidd Der der Meenung, jo oder nee, datt weiderhin d'Paschteier oder d'Chef-de-cultë solle vum Staat bezuelt ginn?“ Mir sinn eis dunn eens gi fir deen neien Artikel an der Verfassung, datt deen dann drakéim, mat deem Wording, deen de Mars Di Bartolomeo virgestallt huet, an déi véiert Fro ass erausgehalen.

Dat heescht net, datt d'CSV mat allem d'accord ass, wéi dat duerno an de Gesetzter betreffend d'Trennung vu Kierch a Staat gereegelt ginn ass. Ech erënneren

**M. Léon Gloden (CSV).** - Ech respektéieren all Decisioun vun dëse Gerichter.

**M. Dan Kersch (LSAP).** - Très bien! Dat wollt ech héiere vun Iech.

**Une voix.** - Mir och!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Dann zu de Mengen, an dat ass e ganz weesentleche Punkt, dat ass eng grouss Responsabilitéit fir déi, déi vis-à-vis vu mer sëtzen. Fir all Decisioun, all Decisioun, déi d'Regierung an d'ailleurs mir och als Chamber huelen, déi nei Aufgaben de Mengen operluecht huet, muss de finanziellen Encadrement - den Aly Kaes kuckt mech ganz frou - assuréiert sinn. D'Gemeenge mussen déi néideg finanziell Moyene kréie fir all Aufgab, déi se vun uewen erof operluecht kritt hunn.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Här President, ech kommen zum Schluss vu menger Ausféierung. An ech hunn et e puermol gesot: D'Verfassungsdebatt ass mat eng vun de wichtigsten Debatten, déi e Land, an ech soe bewosst „e Land“, ka féieren. Ech hunn et an der Introductioun gesot: Et geet ëm

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

**Une voix.** - Très bien!

*(Brouhaha)*

**Mme Simone Beissel (DP).** - Merci, Här President, Kolleginnen a Kollegen. Och virop vu mir dem Här Rapportier Mars Di Bartolomeo e ganz grouse Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mëndlechen Rapport an, wéi de Léon Gloden et scho gesot huet, och fir seng absolutt equilibriert a convivial, awer ganz seriö Manéier, wéi en d'Verfassungskommissioun, déi jo extreem vill Sitzungen hat, geleet huet an ëmmer versicht huet, e Konsens ze fannen a Froen, déi eist ganz Land uginn an déi een net soll mat parteipoliteschem Kleinkram mat Momenter versichen ze demoléieren.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

**Une voix.** - Très bien!

*(Brouhaha)*

**M. Léon Gloden (CSV).** - Dann och e ganz wichtige Punkt; gëschter, mengen ech, war et an der Press ze liesen an du war mer dat, éierlech gesot, net esou bewosst: „Zwee Joer nom Rapport Waringo, wou mer déi ganz Diskussioun geféiert hunn iwwert d'Organisatioun vum Haff, vun der Maison grand-ducale - Dir wësst, datt mir deemools als CSV der Meenung waren, datt et net duergeet, iwwer Reglement ze fueren -, elo endlech kritt dann hei an der Verfassung d'Organisatioun vun der Maison grand-ducale eng verfassungsrechtlech Basis, wat e ganz wichtige Schrëtt ass.“

An de Rapportier huet et och gesot, ech mengen, wann ech dobaussen de Leit d'Verfassung erkläert hu mam Recht, also datt de Grand-Duc d'Recht huet, Suen ze drécken: De Grand-Duc huet keng Pressemaschinn méi am Keller hei niewendrun, fir Suen ze drécken.

*(Hilarité)*

**M. Gilles Baum (DP).** - Dir sidd exzellent, Här Gloden, fuert roueg weider.

*(Brouhaha)*

**M. Léon Gloden (CSV).** - Dann och e ganz wichtige Punkt; gëschter, mengen ech, war et an der Press ze liesen an du war mer dat, éierlech gesot, net esou bewosst: „Zwee Joer nom Rapport Waringo, wou mer déi ganz Diskussioun geféiert hunn iwwert d'Organisatioun vum Haff, vun der Maison grand-ducale - Dir wësst, datt mir deemools als CSV der Meenung waren, datt et net duergeet, iwwer Reglement ze fueren -, elo endlech kritt dann hei an der Verfassung d'Organisatioun vun der Maison grand-ducale eng verfassungsrechtlech Basis, wat e ganz wichtige Schrëtt ass.“

An de Rapportier huet et och gesot, ech mengen, wann ech dobaussen de Leit d'Verfassung erkläert hu mam Recht, also datt de Grand-Duc d'Recht huet, Suen ze drécken: De Grand-Duc huet keng Pressemaschinn méi am Keller hei niewendrun, fir Suen ze drécken.

*(Hilarité)*

Mee wat wichtig ass a wat och richtig ass, och am Sënn vun eisem Land, vu senger Onofhängegkeet: datt weider d'Banque Centrale kann d'Effigie vum Grand-Duc op d'Euroen drécke loossen.

Dann zu dem Titel vum Kommandant vun der Arméi. Haut steet an der Verfassung, datt de Grand-Duc d'Arméi kommandéiert. Mir hate ganz vill Sensibilitéit derfir, fir dee Lien, deem historiesche Lien, muss ee soen,

tëschent dem Herrscherhaus an der Arméi an der Verfassung ze verankeren. An duerfir si mer eis eens ginn, datt de Grand-Duc den Titel als Kommandant vun der Arméi bäibehält. Well et muss een och soen: Wéi geet et an der Praxis - an ech hoffen, mir kommen ni hei zu deem Vott, datt Lëtzebuerg muss engem Land de Krich erklären? Et ass net de Grand-Duc, deen um Päerd mat sengem Säbel virreit, mee et ass eis professionell Arméi, déi da misst an de Krich zéien.

Komme mer dann zu der Regierung. Mir hunn am Fong e klasseschen Exekutiv mat op där enger Säit der Regierung an op där anerer Säit dem Grand-Duc. An et steet dran, an de Rapportier huet et gesot, datt de Premier d'Aktioun vun der Regierung koordinéiert an duerfir och oppasst, datt se uniform sprécht. Här Premier, dorunner musst Der heiansdo nach schaffen. Et

**M. Marc Spautz, Président de séance.** - Här Gloden, ...

**M. Léon Gloden (CSV).** - Dann ...

**M. Marc Spautz, Président de séance.** - ... erlaabt Der eng Fro vum Här Kersch?

**M. Léon Gloden (CSV).** - En huet déi rout Krawatt ausgedoen, hunn ech gesinn. Jo.

**M. Dan Kersch (LSAP).** - Mee d'Fro ass awer nach ëmmer genausou pertinent, Här Gloden.

*(Hilarité)*

Ech wollt, well Der dat doten elo gesot hutt, just froen, ob Der lech bewosst sidd, dass an der Tëschenzäit d'Gerichter déi Prozeduren, déi d'Regierung deemools gewielt hat, alleguer fir verfassungs-konform unerkannt hunn.

*(Brouhaha)*

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Här President, ...

**Une voix.** - Fuert Dir weider, Här Gloden.

**M. Léon Gloden (CSV).** - ... Här President, ...

*(Brouhaha)*

... Här President, ...

*(Brouhaha)*

... Här President, den Abraham Lincoln sot: „De beschte Wee, d'Zukunft virauszesoen, ass, se ze gestalten.“ Net méi an net manner geschitt mat dëser Verfassungsreform, an dat am Respekt vun den demokrateschen Reegelen.

D'CSV gëtt hiren Accord zum éischte Vott. Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Marc Spautz, Président de séance.** - Merci dem honorabelen Här Léon Gloden. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

*(Exclamations)*

**Une voix.** - Très bien!

*(Brouhaha)*

**Mme Simone Beissel (DP).** - Merci, Här President, Kolleginnen a Kollegen. Och virop vu mir dem Här Rapportier Mars Di Bartolomeo e ganz grouse Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mëndlechen Rapport an, wéi de Léon Gloden et scho gesot huet, och fir seng absolutt equilibriert a convivial, awer ganz seriö Manéier, wéi en d'Verfassungskommissioun, déi jo extreem vill Sitzungen hat, geleet huet an ëmmer versicht huet, e Konsens ze fannen a Froen, déi eist ganz Land uginn an déi een net soll mat parteipoliteschem Kleinkram mat Momenter versichen ze demoléieren.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Här President, haut ass och fir mech en historieschen Datum, en historieschen Dag, well mer et elo fäerdegbréngen, haut deen zweeten, deen allergréisste Block vun der geplanter Verfassungsrevisioun hei an der Chamber ze debattéieren an och doriwwer ofzestëmmen.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Här President, haut ass och fir mech en historieschen Datum, en historieschen Dag, well mer et elo fäerdegbréngen, haut deen zweeten, deen allergréisste Block vun der geplanter Verfassungsrevisioun hei an der Chamber ze debattéieren an och doriwwer ofzestëmmen.

Vu dass de Rapportier schonn an allen Detailer déi néng Kapitele virgestallt huet an de Léon Gloden och schonn zu ganz ville Punkte Stellung geholl huet, wäert ech mer et erlaben, verschidden Elementer, déi mer awer extreem wichtig schéngen, nach eng Kéier ze belichten an lech verschidden lwwerleeungen dozou ze soen.

Dësen Deel vun der Verfassungsrevisioun ass extreem wichtig a vital, well mir hei déi grouss Eckdaten, d'Jalone vum Lëtzeburger Land, senger Staatsform, sengem politesche System festhalen an an aller Däitlechkeet beschreiwen.

Duerch dës Restructuratioun, duerch dës Straffung, duerch dëse Reagencement vu ganz villen Dispositiounen, déi de Moment an eiser aktueller Verfassung queesch duerch déi ganz Verfassung verstreet sinn, brénge mir eng besser Kohärenz an eng besser Lisibilitéit an den neien Text.

An der zoustänneger Verfassungskommissioun hu mir eis all Méi ginn, fir zesummen d'Sprooch an deem neien Text ze moderniséieren, fir bestëmmte Formulatiounen, déi eis e bësse verstëbst geschéngt hunn, erauszehuelen, fir d'Constitutioun de Realitéite vun enger moderner Demokratie vum 21. Joerhonnert unzepassen.

Déi Punkte vun de Kapitelen, wann ech bei déi kommen ... Virdru wollt ech just nach op e puer, wat een op Lëtzeburger Englesch da „core messages“ nennt,



zréckkommen. Dat ass nämlech einfach dat Allerwichtigst vun eisem ganze System.

D'parlamentaresch Demokratie gëtt als politesche Regimm vu Lëtzebuerg confirméiert ënnert der Form vun enger constitutioneller Monarchie, an dat, fir dass wierklech all Mënsch, awer all Mënsch heibannen an dobaussen dat versteet an definitiv unhëlt.

De Rechtsstaat, dat heescht, dass all Auto-

Alcide de Gasperi), déi de Courage haten, zu Messina déi grouss Konferenz ze maachen a se erëm all erbäizetrommelen, se aus hirem Motzeck erauszehuelen. Dofir krute mer dat. An den 49bis huet den Term vun „temporaire“ just dran, well net sécher war, ob net erëm en Echec géif komme wéi 1954. An dofir ass dat esou stoe bliwwen, Här Kartheiser.

Et wär gutt, wann Der ... Dir sidd jo gutt an der Geschicht. Et wär gutt, wann Der

d'éischt d'Tripartite Sidérurgie an duerno d'Tripartite générale an d'Liewe geruff ginn - déi lescht „pour tous soucis et peines“, wéi ech dat aus menger direkter Famill ganz oft héieren hunn. An zënterhier hunn d'Sozialpartner hei zu Lëtzebuerg et bal ëmmer zesumme mat deene successive Regierungen fäerdegbruecht, fir de soziale Fridden ze hale respektiv en ze festegen.

Et ass also gréisstendeels hire Meritt, dass mer hei zu Lëtzebuerg d'Cohésion sociale

Während der Nazibesetzung hei zu Lëtzebuerg kruten d'Lëtzebuerger gesot, ech zitieren: „Schluss mit dem fremden Kauderwelsch! Eure Sprache ist Deutsch und nur Deutsch!“, fin de citation. Nom Krich ass d'Däitscht zwar bäibehale ginn, well mer ganz vill Texter op Däitsch haten, mee natierlech ass Franséisch privilegiert ginn, eeben duerch alleguerten déi Ëmstänn. Mee et dierf een net vergiessen: D'Sprooch ass en Deel vun engem Land senger Identitéit, sengem kulturellen an historiesche Liewen.

**Une voix.**- Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).**- Wann eng Nationalsprooch an engem Text festgeschriwwen gëtt an engem Land, wou een dann emol lieft, an et huet een net d'Nationalitéit an et schwätzt een eng aner Sprooch, da wëllt dat jo iwwerhaupt net heeschen, dass aner Sproochen géife manner gutt behandelt ginn oder souguer ignoréiert ginn - op kee Fall!

An ech erlabe mer, all deene Kritiker, déi un eisem Sproochesystem ..., dee mer elo festhalen, Folgendes ze soen: Gitt mer eng Verfassung sichen an engem État unitaire - ech schléissen natierlech do aus: d'belsch Verfassung, d'Schwäizer Verfassung, wat Federalstaate sinn, déi op d'mannst dräi Communautéiten hunn -, mee gitt mer ee Land sichen, wou net eng an nëmmen eng Sprooch entweder am Preamble vun der Verfassung steet oder am Kärtext. Dofir, ech mengen, et ass legitim, dass mir eng Nationalsprooch hunn an zwou Sproochen doniewent, wat Gebrauchssproochen sinn an déi jo am Gesetz vun 1984 ganz genau beschriwwen ginn an déi dofir kengem kënne schueden.

**Une voix.**- Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).**- Dir musst wëssen, dass eis geschriwwen Texter scho säit ganz Laangem entweder op Franséisch sinn, well mer d'Reegel hunn: «La langue de la législation et du judiciaire est le français»; däitsch Texter sinn doniewent iwwerall behale ginn a Steiergesetze, an Enregistrementsgesetze an an notariellen Akten. Déi zwee éischt, alles wat d'Steieren an den Enregistrement betrëfft, déi hu mer vum Naziregimm gehalen, well déi waren exzellent fir all Regierungen hei zu Lëtzebuerg, well se all Regierung vill Geld erabruucht hunn. Notariell Akte ginn haut nach, awer nëmmen op Demande, op Däitsch gemaach, well Dir dierft net vergiessen: Nom Krich gouf et e ganze Koup vu Leit, déi verbuede kritt hunn am Krich, Franséisch ze léieren, an déi der franséischer Sprooch net därmoosse mächtig sinn. A wann dann nach juristescht Franséisch derbäikënn, dat mécht déi Saach net méi einfach. An dofir fannt Der ganz, ganz vill notariell Akten, qui font foi, dat heescht déi Valeur juridique essentiel hunn op Däitsch.

Mee, wéi gesot, dat sinn eis Gegebenheeten. Ech fannen et extreem wichteg, dass mer déi dräi Sproochen an der Verfassung hunn. D'Méisproochegkeet ass wierklech e Markenzeech vum eisem Land. Dir wësst, dass doniewent an eise Schoulen e ganze Koup aner Sproochen geléiert ginn, haaptsächlech Englesch als Business- a Computersprooch an e ganze Koup aner Sproochen, déi zu Lëtzebuerg praktizéiert ginn, wat en Deel vun dem Räichtum a vun den Etikette vun eisem Land ausmécht. Et gëtt esou vill Lëtzebuergesch geléiert wéi nach ni. Et brauch een et elementar, wann een d'Nationalitéit gär hätt. Et brauch een et natierlech och oft, wann ee wëllt hei zu Lëtzebuerg eng Aarbechtsplaz hunn, jee no Secteur.

Komme mer elo zum rout-wäiss-hellbloen Fändel. Ech si frou, dass mer d'Consecration vun deem nationale Fändel, rout-wäiss-hellblo, elo definitiv an der Verfassung hunn, well ech dann hoffen, dass mer definitiv dat mir heiansdo onerklärlecht Gerangels a Gestreits vun de leschte Joren

tëschent dem dräifarwegen Nationalfändel an dem Fändel vum Roude Léiw kënne begrüen.

Tatsächlech, an et war mir net ëmmer bewosst, mee elo hunn ech dat emol alles nagesicht: Dat Gestreits ass u sech net fondéiert gewiescht, well mir hunn e Gesetz vum 23. Juni 1972 iwwert d'Emblèmes nationaux an do steet ganz kloer dran an dem Artikel 3, dass den Drapeau national luxembourgeois den dräifarwegen ass; rout, wäiss a blo. Duerno koum nach e Règlement vun 1993, wat souguer d'technesch Date vun de Faarwen ganz genau determinéiert huet. Dir wësst, dass een heiansdo mat dem hollännesche Fändel, deem déi méi donkel blo Faarf huet, e bëssen duerjerneen ass. Mir hunn déi schéin hellblo Faarf. Dat emol zu eisem Nationalfändel. Am Artikel hannendrun, am Artikel 4 vun deem Gesetz, do steet ganz kloer, dass de Fändel mam Roude Léiw exklusiv reservéiert ass der Schëffaart, also fir d'Pavillons maritimes, an och der Aviatioun. An, wéi gesot, a Règlementen vun 1993 sinn d'Faarwen nach präziséiert ginn.

Déi Fändelen - an dat ass jo eppes, wat ech mer dann hei erlaben, fir d'Belustigung vun eis all - besti jo awer net eréischt säit 1972, och wa se do an de Gesetze consacréiert ginn. Et geet een dervun aus, dass de rout-wäiss-bloen Fändel schonn den 12. Juni 1845 fir Lëtzebuerg festgesat ginn ass, no der Belscher Revolutioun. De Roude Léiw - do gëtt et dann nach méi spannend - ass d'Hausflag gewiescht vum belschen Herzogtum vu Limburg an do war den Henri de Fénéstein, e Fils vun onser Prinzessin Ermesinde, Herzog (veuillez lire: De Roude Léiw - do gëtt et dann nach méi spannend - ass d'Hausflag gewiescht vum Herzogtum vu Limburg an do war de Walram de Véiert, Mann vun onser Gräfin Ermesinde, Herzog). Mee 1286 (veuillez lire: 1288) huet den Duc vu Brabant Limburg ageholt a besigt an deem Moment huet een och de Roude Léiw als Hausflag natierlech matgeierft. An ech kann lech soen, an de leschte Joren, an ech sinn heiansdo och zu Bréssel drop ugesprach ginn, war et ee Moment net verwonnerlech, dass een oder een anere belschen Deputéierte rosen op der Tribün vum Parlament zu Bréssel sech lauthals geiergt huet a behaupt huet, Lëtzebuerg hätt der Belsch de Roude Léiw geschuppt. Fir lech ze soen ..., dann hu mer dat elo emol gekläert, wat wat ass. An nëmme rout-wäiss-blo ass dee Fändel, deem als Nationalfändel gëllt. Déi aner sinn also nëmme fir d'Aviatioun a fir d'Schëffaart.

Zu der Nationalhymn: Dir wësst, si ass 1839 hei kreéiert ginn (veuillez lire : si ass 1864 vum Jean-Antoine Zinnen komponéiert ginn op en Text vum Michel Lentz vun 1859). 1839 war en immens wichtige Moment (veuillez lire : 1839, 25 Joer méi fréi, war en immens wichtige Moment an eiser Geschicht), wou d'Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg feierlech deklariéiert ginn ass, mee leider net vu laanger Dauer, well duerno koumen erëm aner Onstëmmegkeeten. Mee déi ass awer dee Moment consacréiert ginn.

Den Text vum Michel Lentz an déi schéin Melodie vum Jean-Antoine Zinnen sinn an d'Gesetz opgeholl ginn och vum 27. Juli 1993, wou, wann een dat kuckt, souguer déi éischt an déi véiert Stroph mam ganzen Text an der Melodie festgehal ginn, dass een nëmmen näischt kann dorun änneren oder à la limite och nach klauen. An ech kann lech soen, sou wéi Dir ..., mir hunn alleguerten scho vill Nationalhymnen héieren, mee ech muss nach ëmmer soen, et ass vläicht eng Saach vum Häerz, dass eis Lëtzebuerger Nationalhymn mir nach ëmmer eng vun deenen allerschéinsten schéngt, déi ech schonn a mengem Liewen héieren hunn.

**Plusieurs voix.**- Très bien!



D'Madamm Simone Beissel (DP)

ritéit, all Institutioun, all Mënsch, déi sech hei um Lëtzebuerger Territoire beweegen, sech der Reegel, der Rechtsnorm verfluchten, gëtt nach eng Kéier explizitt festgehalen.

Quitte dass Recht a Gesetz Virrang hunn, ass ons Demokratie, wéi dat glécklecherweis och a ville Länner ronderëm de Fall ass, op Mënscherechter opgebaut.

D'Souveränitéit läit bei der Natioun, dat heescht bei eis alleguerten. Och dat muss gesot an ëmmer erëm widderholl ginn. An dat ass schonn 1848 en Thema gewiescht, wéi mer déi éischt grouss liberal Verfassung kritt hunn, wou déi dräi Pouvoiren agesat gi sinn an deemools de Grand-Duc schonn aus der politescher Responsabilitéit erausgeholl ginn ass an op e Piedestal gestallt ginn ass mat speziellem Schutz. Du war schonn d'Souveränitéit, déi bei der Natioun läit, en Thema.

Leider ass 1856 duerch de Wëllem den Drëtten vun Oranien-Nassau, deem de geschwuerene Feind vu Lëtzebuerg war, erëm eng Kéier d'Souveränitéit vun der Natioun verschwonnen. Si ass duerno, haaptsächlech 1919, Dir wësst, do waren extreem beweegten Zäiten hei zu Lëtzebuerg, offiziell an där grousser Verfassungsrevisioun vun 1919, definitiv consacréiert ginn.

Dann och eng ganz wichteg Ausso, de Rapporteur an de Léon Gloden hunn drop insistéiert an ech wëll et nach eng Kéier soen: D'Adhesioun vu Lëtzebuerg zu dem europäesche Prozess gëtt hei erëm feierlech festgehalen. Erënnere mer eis drun, dass mir Grënnungsmitglied waren 1951 vun der CECA. Erënnere mer eis drun, dass mer Grënnungsmitglied waren 1957 vun der deemoleger EWG, der haiteger Europäescher Unioun. An ech mengen, et steet eis gutt zu Gesiicht.

Mir haten ëmmer deem Artikel 49bis, deem hinkehanke war, an dofir stéiert d'ADR sech un deem Term vun „temporaire“. Mee dee war dee Moment aus puerer Virsicht an den Text geschriwwen ginn, well Dir erënnert lech vläicht, dass 1954 d'Communauté européenne de défense geplazt ass, awer net 1955, Dank dem belschen Ausseminister Paul-Henri Spaak an dem italieeneschen Ausseminister Altiero Spinelli (veuillez lire:

mat Momenter déi ganz Realitéit vun deemools géift ganz genau kucken an da géift Der den Term vun „temporaire“ och net elo erëm an engem falsche Kontext verdréien an hei mat Momenter duerch esou Aussoen, déi Der maacht, duerjerneen a Zizanie streeën.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).**- Déi x-te Relecture vun dem Text, déi bréngt eis mat, dass d'Funktioneen an d'Rechter an d'Flichte vun all onsen Institutiounen ënnert der Egide vum Groussherzog hei erëm eng Kéier ganz gefestegt ginn. Mir erneieren eise feste Lien d'allégeance zum Grand-Duc, zu der Monarchie constitutionnelle an ipso facto zu der Dynastie vum Haus Nassau-Weilburg.

D'Regierung an d'Chamber ginn an hiren Attributiounen als politesch Decideuren ënner demokratescher Kontroll hei an d'Realitéit vum 21. Joerhonnert erageféiert.

Nach e puer Wuert zum Sozialdialog, dee mir ganz besonnesch um Häerz läit: Ech begrëssen et mat Freed, dass de Sozialdialog fir d'alleréischte elo hei Verfassungsrang kritt an engem Land, wat scho säit laange Joren duerch seng sozialpolitesch Realitéiten de Sozialdialog ëmmer gefërdert huet.

An der éischter Verfassungsrevisioun nom Zweete Weltkrich 1948 sinn d'Recht op Aarbecht, mee haaptsächlech déi gewerkschaftlech Fräiheeten offiziell consacréiert ginn. A wann ee kuckt, säithier ass ëmmer gekuckt ginn ..., d'Gewerkschaften sinn opgebléit parallel zu eiser Stolindustrie, déi och opgebléit ass. Erënnere mer eis un d'ARBED, un d'HADIR (ndlr: Hauts-Fourneaux et Acieries de Differdange, St. Ingbert, Rumelange) an un d'MMRA (ndlr: Métallurgique et Minière de Rodange-Athus) zu Rodange. Parallel sinn déi Wäerter an d'Luucht gaangen, d'Gewerkschaftsaarbecht, mee och d'Stellung vum Patronat an deem ganze Gebilde.

Erënnert lech, 1977 koum dann déi grouss international Stolkris an d'Situatioun war extreem brenzeleg hei zu Lëtzebuerg. Do ass ënnert der Initiativ vum Gaston Thorn an enger blo-rouder Regierung fir

scho laang Joren hunn. An dat ass net nëmmen e Markenzeechen intern, mee et ass en immensen Attraktivitéitsatout fir no baussen iwwert d'Grenze vun eisem Land an och, fir all potenziell Investisseuren an interessant Leit hei zu Lëtzebuerg kënne ze begrëssen.

D'Consecration vun de Beruffskummenen am neien Text ass och e staarkt Zeechen, well Dir wësst, dass si beschteens eisen institutionelle System kennen, mee si kennen och beschteens den Terrain. An dofir kënne se ganz gutt d'Sueren an d'Desiderata vun hire Memberen op allen Instanze virdoen.

Vu dass d'Netresidenten, denke mer just un déi 200.000 Frontalieren, déi hei schaffen, un de Sozialwale kënne deelhuele, also hir representativ Gremie kënne wielen, reeche mer hinnen u sech d'Hand, fir mat deem do System an iwwert d'Grenzen eraus e reellt Matsproocherecht an deem Land ze hunn, wat jo nach net um legislativen Niveau besteet. Mee hei an deem groussen Aarbechts- a soziale Secteur ass dat e wichteg Zeechen.

Här President, ech kommen elo zum Kapitel 1. Do sinn et haaptsächlech d'Artikelen 4, 5 an 8, déi wierklech e grouss Markenzeech si vun dëser Verfassungsrevisioun. Den Artikel 4, et ass scho gesot ginn, beinhalt déi wichtegst Elementer, déi d'Identitéit vun eisem Land markéieren, an zwar ons Sprooch, de rout-wäiss-hellbloen Fändel, d'Armoirien, dat heescht de Staatswopen, an ons Nationalhymn.

D'Sprooch vum Lëtzebuerger Groussherzogtum ass Lëtzebuergesch. A wéi meng Virriedner, de Rapporteur an allen Detailler an de Léon Gloden och, et schonn ervirgihuewen hunn, ass et ... An nach eng Kéier fir alleguerten déi, déi ons och kritiséieren: Et ass déi éischte Kéier, dass d'Lëtzebuerger Sprooch Verfassungsrang kritt.

**Une voix.**- Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).**- D'Lëtzebuergesch, seng Existenz a säi Gebrauch hunn e ganz groussen historiesche Wäert an onser Geschicht an haaptsächlech bei eisen eeelere Matbierger an haaptsächlech bei deene Leit, déi nach haut ënner eis sinn an déi den Zweete Weltkrich matgemaach hunn.



**Mme Simone Beissel (DP).** - Zum Artikel 5 - Lëtzebuerg an der europäescher Integratioun: D'Verfassungsrevisioun vun 1956 ass haaptsächlech gemaach ginn, fir dass Lëtzebuerg ee vun de Grënnungsmembere vun der deemoleger EWG, haiteger EU, kéint sinn. An an eiser Verfassung vun haut, an dat hunn ech virdru gesot, ass nach ëmmer dee berüümten Artikel 49bis, deem nach ëmmer derbäigesat ginn ass, deem awer deemools ..., an dat war e ganz grouss Schrëtt an et sinn immens Streide-reie gewiescht, well deem Artikel 49, deem erlaabt et - an Dir musst lech virstellen, et war kuerz nom Krich an all Mënsch huet op sengen nationale Souveränitéite campéiert - de Pouvoirs législatif, exécutif et judiciaire, een Deel vun hiren hoheitlechen Attributiounen duerch Traité un international rechtsméisseg Institutiounen ofzeginn. Deen Artikel ass d'Basis vun eiser ganzer Adhesioun zu Europa an ass natierlech duergang ginn. Traitée confirméiert ginn. Mir hunn also zënter 65 Joer ëmmer hei zu Lëtzebuerg trei zu Europa gestanen an all Efforte gemaach, fir déi europäesch Integratioun weiderzedreiven.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - Et ass schonn e bëssen erstaunlech, dass een dann op eemol vun ADR-Vertrieder an de Medien héiert, dass duerch de Fakt, dass op eemol den „temporaire“ ... - mee ech ginn net méi drop zrëck, well ech hu virdru versicht, den ADR-Kollegen dat ze erklären -, den „temporaire“, dat géif eis Perte vu Souveränitéit bedeiten, mir géifen eis schwächen a mir wäre souguer op engem Wee zum Federalstaat.

*(Brouhaha)*

Dat ass absolutt net richtig!

Lëtzebuerg ass a bleift en État unitaire an e festen Nationalstaat. Een Deel vun den hoheitleche Pouvoiren ass 1957 eriwweergaangen an d'europäescht Gebilde a gëtt säithier esou gutt vu Lëtzebuerg wéi vun där Säit soignéiert.

Mir sinn an engem Système polito-juridique - an dat wëll ech de Kollege vun der ADR och soen - moniste. Dat heescht, dass mer, säit mer an der Europäescher Unioun sinn, d'Superioritéit vun den internationale Reegelwierker an doduerch europäesche Reegelwierker vis-à-vis vun der Lëtzebuurger Verfassung an de Lëtzebuurger Gesetzer akzeptéieren. Dat, fir lech ze soen ... An näischt Richtung Federalstaat, dat ass eng Perversioun vun der Realitéit!

Mir hunn am rezentsten Traité, dat ass den Traité vu Lissabon, erëm eng Kéier eis Verbonnenheet mat Europa festgeluecht. An ech ginn dervun aus, dass och heibanne jiddefalls d'DP-Vertrieder, mee och de Gros vun dëser Chamber kee Problem huet, fir sech voll zu Europa hei ze bekennen.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - Här President, zu der Stad Lëtzebuerg, ganz kuerz: Ech freeë mech natierlech, dass d'Stad Lëtzebuerg, déi zwar schonn an eiem Text drastoung, wou se awer nëmmen drastoung als Siège vum Gouvernement, elo erëm eng Kéier nach u Bedeitung gewënnt, well mer et elo erweidert hunn a soen, dass all constitutionnel Institutiounen an der Stad festgeluecht sinn. An dat ass fir d'Stad Lëtzebuerg als Fleuron net nëmmen hei vum Land, mee vun der Groussregioun eng wichteg Bedeitung, déi hir nëmme kann zeguttkommen.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - Elo zum Kapitel 3: dem Grand-Duc seng Fonctioun an d'constitutionnel Monarchie. Et muss een ervirhiewen, dass hei, an dat ass ganz wichteg an de Rapporten Mars Di Bartolomeo huet et schonn extra ënnerstrach, e ganzt Kapitel - e ganzt Kapitel! - dem Grand-Duc

an der Monarchie constitutionnelle gewidmet ass, dass mer regroupéiert hunn, fir eebe just Kohäsioun eranzebréngen, an doduerch, an dat wëll ech och de Kollege vun der ADR soen, contrairement zu hirer Usicht déi ganz Institioun „Grand-Duc“ an och eis Monarchie constitutionnelle maassgeeblech gekläert a gestärkt hunn.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - D'Zil vun dësem Kapitel ass et, fir d'Fonctioun de Realitéite vun dem 21. Joerhonnert unzepassen. Hei e puer Point-forten, fir dass et ganz kloer ass, dass, wéi gesot, de Grand-Duc net geschwächt gëtt.

De Grand-Duc ass a bleift de Staatschef. Seng Persoun ass inviolable. Dat ass scho gesot gi vu menge Virriedner. Heiansdo schwätzt ee vun „Immunitéit“, mee d'Inviolabilitéit ass extreem staark, well dat heescht, dass de Grand-Duc total irresponsabel ass, sougutt um Niveau pénal wéi civil wéi natierlech och politique, well all politesch Responsabilitéit vu sengen Decisioune vun der Regierung gedroe gëtt. An dat steet schonn an der Verfassung vun 1868.

Zweetens: De Grand-Duc kann als Staatschef Traitéen ënnerschreiwen an opléisen.

Drëttens: Als Deel vum Exécutif kann hien all déi néideg Mesuren huelen, fir d'Exekutioun vun de Gesetzer ze erméiglechen. Dat ass säi klassesche Pouvoir réglementaire.

Véiertens: Doniewent kritt hien awer an enger Situation de crise, an dat ass och schonn och vum Mars Di Bartolomeo extra ënnerstrach ginn, am neien Artikel 36, haitegen Artikel 32 (4), e staarke Pouvoir réglementaire originaire oder autonome, wann den État de crise deklaréiert ass. Fréier huet een dat „ordonnance royale grand-ducale“ genannt. Mir wëssen awer, dass dat am neie System nëmme während zéng Deeg gutt ass, well wann dat sollt iwwer zéng Deeg goen, muss jo d'Chamber intervenéieren, fir d'Delaie vun dem État de crise ze verlängeren. Also e staarke Pouvoir wierklech hei vun dem Grand-Duc.

An dem Artikel 33 (3) steet jo och dran, dass de Grand-Duc ka Reglementer huele fir d'Exekutioun vun den Actes juridiques vun der Union européenne.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - Ech muss dann awer soen, dass dat haut schonn esou ass. An do hunn ech och Schwieeregkeete mat deenen Aussoe vun der ADR, déi do eppes gesicht hunn, wat manifestement net besteet.

Zum Rappel: De Groussdeel vun den europäesche Reegelwierker, déi mir hei erakréien, déi kréie mer fir d'éischt emol duerch Traitéen eran. Do gi jo d'Grondreegele gemaach. Dann duerno ginn déi grouss Decisiounen, déi um Niveau vum Europäesche Conseil geholl ginn, iwwert d'Direktive geholl. D'Direktive sinn déi grouss Richtlinnen an déi musse bal exklusiv ëmmer iwwert d'national Parlementer an den Ordre juridique interne erageholl ginn. An nëmme wann Deelpunkte vun den Direktive musse preziséiert ginn, da spillt de Pouvoir réglementaire an dee Moment spillt och den normale Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc. Dat ass also näischt Neies. Dat besteet elo an dat gëtt och elo schonn esou gehandhaabt.

Dann hu mer déi drëtt Kategorie, dat sinn d'Règlements communautaires. Dir wësst, dat sinn déi, déi mer mat Momenter am meeschte fäerten, well déi sinn d'application immédiate an alleguerten de Memberstaate vun der EU. Do kann och de Grand-Duc intervenéieren op Deelpunkten, awer nëmme wann d'Reglement selwer et erlaabt. Also dat, wat de Grand-Duc hei als Pouvoiren huet, besteet elo an do erfanne mer wierklech d'Rad net nei. Dat hu mer

elo just regroupéiert a geschriwwen, dass dat ganz kloer ass, dass de Grand-Duc dat ka maachen.

Da behält de Grand-Duc, an dovun hu mer hei net geschwat, seng Ur-Pouvoirs-régaliens - dat kënnt vu „regalis“ -, et kéint een och soe „pouvoirs royaux“, déi en als Staatschef huet. Dee wichtigsten dovun, dat ass den Droit de grâce. Dir wësst, dat ass d'Méiglechkeet, fir eebe Strofe ganz oder deelweis erofzesetzen oder souguer ëmzewandelen an anerer. Dat ass e ganz wichtegen. Dann derniewent kann en Titelen attribuëieren, awer ouni dass reell Privileegien doru gekoppelt sinn. An dann eppes, wat d'Lëtzebuurger natierlech ganz gären hu scho säit laange Joren, dat ass, dass e kann Ordres civiles et militaires verdeelen, déi sougenannte „Gielcher“, déi de Leit jo ëmmer Spaass maachen.

Ech ginn net an oder net méi an op de Fait, dass de Grand-Duc de Kommandant vun der Arméi ënnert der Responsabilitéit vun der Regierung ass. Et ass genügend dovu geschwat ginn.

D'„déclaration de guerre“, dat ass awer wichteg, gouf jo ëmgeännert zu der „intervention“ vun de „forces armées“. Dat ass och der Realitéit ugepasst, well Dir wësst, dass eis Meedercher an eis Jongen, wa se an de Baussenasaz geschéckt ginn, ganz oft ganz breet gefächert Attributiounen a Missionen hunn. A mat der „intervention des forces armées“ wollte mer déi ganz breet gefächert Aktiounen do besser ëmräissen.

Dir wësst, et ass och schonn haut esou, wa Mission à l'étranger ass, dass d'Chamber muss hiren Accord ginn. Well dat sinn Décisions graves, déi musse geholl ginn, well ee muss d'Méiglechkeet hunn, fir alleguerten d'Konsequenzen an d'Gefore vun esou Asätz kënne genau ze analyséieren an och d'Konsequenzen dovu richtig ze beliichten.

Klärung kënnt dann och an de Finanzen. Do ginn ech net méi drop an. Et leeft elo iwwert de Budget, deem der Famille grand-ducale zougestane gëtt, an dat gëtt alles iwwer budgetär Reegele geännert.

Dann eng reell Stärkung vun dem Grand-Duc ass, dass him elo eng richtig Administratioun attribuëiert gëtt, déi d'Personnalité juridique huet. An d'Personnalité juridique erlaabt him, duerch seng Administratioun

elo selwer all Zorte vun Akten ze maachen, natierlech ënner enger strukturierter Form.

Zu der Monarchie constitutionnelle: Et sinn e ganze Koup Punkte wéi d'Descendance, d'Vacance du trône an dann - Worst-case-Zenario - Abdicatioun, déi hei elo ganz kloer gekläert ginn. Et ass scho virdrun hei ugeklongen, verschiddener vun deene Punkte sti schonn haut a säit dem 30. September 1783 (veuillez lire: 30. Juni 1783) am Pakt vum Haus Nassau. An Dir wësst, de Pakt vum Haus Nassau, dee betrëfft all d'Nassauer. Dat si sougutt d'Oranien-Nassauer, dat heescht d'hollännesch Kinneksfamill, wéi awer och d'Bourbon-Parmë vu Spuenien. An do si ganz schwéierfällg Prozedure virgesinn, wann iergendeppes geschitt. An dofir ass gesot ginn, well och de Gros oder, ech géif soen, quasi d'Totalitéit vun de Leit hei zu Lëtzebuerg a souguer an der Chamber iwwerhaupt net méi wëssen, wat an deem Pakt vum Haus Nassau steet, ass decidéiert gi scho viru Joren, dass eebe kloer déi bestëmmten Dispositiounen aus dem Pakt géifen an déi nei Verfassung erakommen, dass do keng Interpretationsdifferenze méi kënne virkommen.

De Fazit vun dësem Kapitel ass, dass duerch d'Restrukturatioun de Statut an d'Fonctioun vum Grand-Duc ganz genau beschriwwe ginn an a mengen Ae ganz gestärkt ginn, well se mat Momenter virdru schwammeg waren. Elo sinn all déi Elementer kloer an et ass eent vun de Markenzeche vum Lëtzebuurger System.

D'Fonctioun vum Grand-Duc gëtt zwar effektiv - an dat ass awer och d'Realitéit vun haut - méi symbolesch a méi protokollaresch, mee mir sinn awer nach ganz wäit ewech, Här Kartheiser, vum schweedesche Modell, wat Der iergendwéini an de Medie gesot hutt, well do ass et nëmme Protokoll. An ech hunn lech elo hei virdru gesot, dass de Grand-Duc en Deel bleift vum Pouvoir exécutif, och wa säi Pouvoir nëmme formell ass. Mee säi Pouvoir formel ass indispensable, soss halen d'Legislatiounen d'Strooss net. An dofir kann een et guer net mam schweedesche Modell hei vergläichen, wou et wierklech nëmmen nach Symbolik a Protokoll ass.

Zu der Regierung: Ech mengen, d'Regierung gëtt hei an deem System gestärkt, der Realitéit vum Land ugepasst. Si kritt emol ganz genau gesot, wat se mécht. Virdrun am Artikel 76 steet just, dass eng Regierung ka vum Grand-Duc agesat ginn,

déi muss dräi Memberen hunn, Punkt. Elo gëtt emol gesot, dass d'Regierung d'Politique générale hei an deem Land leet, souguer wa se an d'Situatioun géif kommen, wou se démissionnaire wär. Si kritt elo emol endlech d'Realitéit vun hirem Pouvoir exécutif zougeschriwwen. Well wann een déi haiteg Verfassung liest, do steet nach dran, dass eis Regierung hire Pouvoir exécutif nëmmen dierf ënnert der Autoritéit vum Grand-Duc ausüben, an dat ass jo absolutt net méi reell esou.

D'Regierung, wat och nei ass, organiséiert sech selwer. Et ass virdru gesot ginn, de Premierminister gëtt „primus inter pares“ an e gëtt verstärkt a secondéiert vun de Vizepremierministere, Ministere an Ministres délégués.

Wéi an all moderner Démocratie parlementaire ass d'Regierung natierlech responsabel virum Parlament. Si kritt awer d'Méiglechkeet ..., an dat ass ganz interessant, well mir hate jo schonn d'Motion de censure als eng vun de Méiglechkeete vum Parlament, mee elo gëtt de Spiiss u sech ëmgedrëit, well d'Regierung kritt elo d'Méiglechkeet, fir de Bols vun der Chamber ze fëllen, notament wa se am Ufank am Amt ass, a fir eeben d'Vertrauensfro ze stellen. An dat ass eng ganz demokratesch Prozedur, wou direkt kann Hand an Hand zwëschent Regierung a Chamber geschafft ginn. An dat steet wierklech eiser moderner Demokratie ganz gutt zu Gesiicht.

Wat nei ass, dat ass och nach, dass de Parquet elo kann d'Membere vun der Regierung ukloen. Virdru war dat nëmmen d'Chamber. An Dir kënnt lech virstellen, dofir ass et historesch ni zu enger Uklo komm, well et ass ni eppes ginn duerch d'Majoritéitsverhältnisser an der Chamber. Elo kann de Parquet, also de Ministère public, d'Membere vun der Regierung ukloen, dat heescht d'Action publique declenchéieren.

Dann nach eng duebel Prezisioun zu de Relatiounen zwëschent dem Grand-Duc an der Regierung. Am Artikel 77 gëtt festgehalten, dass de Grand-Duc de Premierminister an déi aner Membere vun der Regierung nominéiert an awer och en Enn vun hire Fonctiounen setzt. Dat gëtt also am neien Text bäibehalen.

Quitte dass mer wëssen, dass dëse Pouvoir de nomination respektiv „de mettre fin aux fonctions gouvernementales“ e





Pouvoir formel ass, huet sech awer d'Fro gestallt, wéi mer den Text erëm iwwerlies hunn, wéi et ass am Virfeld vun deenen Nominatiounen an no de Wale mat eiser aler Traditioun, déi dora besteet, jee no deem, wat bei de Walen erauskomm ass, fir d'éischt en Informateur an duerno e Formateur ze nennen, deen normalerweis no eise System den nächste Premierminister ass. Ech muss lech soen, déi ganz Prozedur, wat éischer eng Traditioun ass oder praktesch schonn e Ritual, steet hei zu Lëtzebuerg a kengem Text. Et muss een natierlech elo kucken, vu dass se a kengem Text steet an dass dat u sech esou en Gentlemen's agreement war zwëschent eeben dem Grand-Duc an der Politik, dass ee sech no Bedarf muss iwwerleeën, ob ee se bäibehält oder och net.

Am neien Artikel 81 determinéiert d'Regierung dann hir Organisatioun an hiert Fonctionnement duerch e Règlement interne. Dat ass jo och normal. Mee wat awer do spannend ass, do steet awer direkt herno hannendrun, dass dee Règlement interne vun der Regierung muss duerch Arrêté grand-ducal, vum Grand-Duc also, bekräftegt ginn. Do ass also de Grand-Duc erëm eng Kéier am Asaz.

Alles an allem ass den Text equilibréiert, setzt d'Regierung an hiert richtegt Licht, setzt hir Modalitéiten, hir Marge de manoeuvre an hir Limiten, déi duerch d'Demokratie festgehale sinn, ganz genau fest.

Op déi generell Administratioun ginn ech net weider an, och net op d'Forces publiques, d'Finanzen, d'Communautés religieuses. Ech mengen, meng Virriedner hunn dat genuch belicht.

Elo nach just e puer Remarken zu de Gemengen: Ech freeë mech gradesou wéi mäi Virriedner Léon Gloden, dass mer elo do virukommen. Well Dir wësst vläicht: 1979 ass d'Autonomie communale festgesat ginn an der Verfassung. Mee duerno huet ee ganz oft vu Gemengesäit héieren: „Et ass jo alles schéin a gutt, dass mer Autonomie communale an den Texter hunn, mee wa mer keng Ressourcë kréien, da kréie mer niwient eise Mission-obligatoiren, déi jo festgesat ginn, eis Missions facultatives, déi nëmme méiglech sinn, wa mer Geld hunn, iwwerhaupt net realiséiert, also keng grouss „Objektiver.“ Duerfir ass et extreem wichtig, dass elo d'Méiglechkeet hei festgesat gëtt, dass d'Gemengen d'Recht hunn, déi néideg Ressourcen zur Verfügung gestallt ze kréien, fir dass se eebe just kënnen an de Limite vum Gesetz déi Missiounen, déi se politesch wëllen duerchzéien am Interesse vun hire Bierger, endlech maachen.

Dann nach zu den Établissements publics e puer Wieder: Dir wësst, mir hunn der ongeféier 55 de Moment. Si hunn d'Personnalité juridique. Déi staatlech fonctionnéiere jo och ënnert der Tutelle an der Surveillance vun, wéi gesot, dem Staat. Mee heiandsdo, wann Der se genau analyséiert, mengen ech, sidd Der d'accord mat mer, dass verschiddener e bësse sui generis fonctionnéieren, vu dass mer keng richteg Base légale hunn. Dofir ass dat gutt, dass dat hei gekläert gëtt.

Dat selwecht bei de Chambres professionnelles, wou ech scho gesot hunn, dass ech mech freeën, dass se e Verfassungsrang kréien, an och d'Organes représentatifs vun de fräie Beruffer, vun de Professions libérales. A wat ganz wichteg ass an eng absolutt Neierung, dat ass, dass déi dräi Zorten - Etablissementer, Chambres professionnelles an d'Organer vun de fräie Beruffer - d'Recht kréien, an de Limite vum Gesetz eege Reglementer ze huelen. Dat ass ee ganz staarkt Zeechen!

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn elo um Enn mat dësem Survol vun eiseem zweete grouse Block, wou ech mech freeën, dass deen haut zur Debatt steet. D'DP-Fraktioun huet akribesch all Artikel analyséiert a wierklech och diskutéiert. An dofir bréngen ech hei a voller Iwwer-

zeegung an am Numm vun der ganzer Ekip vum der DP-Fraktioun den Accord vu menger Fraktioun. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Madamm Beissel. An den Här Kartheiser freet d'Wuert fir Fait personnel a kritt d'Wuert och. Här Kartheiser, wannechgelift.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Ech sinn effektiv hei e puermol nominativ ugeschwat ginn.

Ech wëll vläicht eng allgemeng Bemierkung fir d'éischt maachen, dat ass, dass ech heiandsdo bedauern, wann ech de Kolleegen nolauschteren, wéi d'Tonalitéit vun der Diskussioun ass

**Une voix.**- O!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech wëll virun allem hei soen, dass ech bedauern, wéi d'CSV zum Deel argumentéiert huet mat Vergläicher, déi engersäits lächerlech an anerersäits irresponsabel sinn, fir praktesch e Vergläich mat 1933 ze maachen, wann een an enger Broschür schreift: „Wiert lech!“ Wou si mer? Wou hält dat op mat lächerlechen, iwwerzunnene, irrealisteschen Nazivergläicher?

*(Interruption)*

Ech mengen ...

**M. Léon Gloden (CSV).**- Dat musst Der lech selwer froen.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech mengen, wat mer elo hei wëllen, op dee Punkt ..., well d'Madamm Beissel huet mech zwar ugeschwat, si huet mech och kritiséiert, mee weinstens an enger Form, déi awer engem geflegten Dialog nach entsprécht. An dofir soen ech hir Merci!

Si huet gesot, ech géif Zizanie hei wëlle verbreed. Ech weisen dat natierlech zrëck. Et ass nämlech och esou: Wësst Der, Madamm Beissel, deen Artikel, deen Dir hei zitéiert, den Artikel 5, deen hutt Der net komplett beschriwwen, well et geet net nëmmen ëm déi Europäesch Unioun. Ech liesen lech e vir, dee Paragraf, ëm deen et geet, den Artikel 5: «L'exercice de pouvoirs de l'État peut être transféré à l'Union européenne et à des institutions internationales ...

*(Interruptions diverses)*

**Une voix.**- Haalt Dir schonn Är Ried?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... par une loi ...»

Wou ass de Problem?

*(Interruptions diverses)*

Fait personnel. Ma ech kommen drop.

*(Coups de cloche de la présidence)*

Ech komme jo drop. Hei si mir Saachen ënnerstallt ginn an ech äntweren dorobber. Dat ass hei am Reglement virgesinn.

*(Brouhaha général)*

Ech liesen elo der Madamm Beissel vir an ech soen lech, firwat ...

*(Interruptions)*

... dat falsch ass, fir mir dat hei ze ënnerstellen.

**M. Fernand Etgen, *Président*.**- Dat ass Fait personnel ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- «L'exercice de pouvoirs de l'État peut être transféré à l'Union européenne et à des institutions

internationales par une loi adoptée dans les conditions de l'article 113.» Dir hutt mir ënnerstallt, Madamm Beissel, dass ech hei praktesch géint d'Europäesch Unioun wär, dass dat net realistesch wär. Dir hutt op den Traité vu Messina verweisen a gesot, ech géif jo d'Geschicht gutt kennen, a mer praktesch ënnerstallt hei, ech wësst also hei meng Geschicht net.

Ech wëll lech just soen, dass dat hei net nëmmen d'Europäesch Unioun betraff huet, déi Délégation temporaire de droits, mee eng Hellewull vun aneren internationalen Organisatiounen, déi deemools gegrennt goufen. Do sinn derbäi: d'Institutionen vu Bretton Woods, sécherheetspolitescher wéi d'Westeuropäesch Unioun, d'NATO, d'OECD, Virleeforganisatiounen an nach vill aner, déi an där Zäit gegrennt goufen a wou mer ëmmer virun där selwechter Situatioun stoungen: Maache mer dat? Wou féiert et hin? Délégation temporaire oder définitive? An ech mengen, dass ass eeben dat ganz Wichtig, wat een an dëser Diskussioun muss kucken. Et geet net nëmmen ëm d'Europäesch Unioun.

Eenzelner hu mer hei ...

**M. Fernand Etgen, *Président*.**- Här Kartheiser, Dir musst awer geschwënn zum Punkt vum Fait personnel elo kommen.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo.

**M. Gilles Baum (DP).**- Wou ass hei de Fait personnel?

**M. Fernand Etgen, *Président*.**- Dir kommt ëmmer méi wäit dervun ewech.

**M. Gilles Baum (DP).**- Et kann dach awer net sinn, dass Dir hei zwou Rieden haalt de Mëtteg!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, ech wëll lech awer soen, dass de Fait personnel dora besteet, dass ee ka fënnf Minutten op déi Virwërf äntweren, déi ee gemaach kritt, an dass de President vun der Chamber net do ass, ...

**M. Fernand Etgen, *Président*.**- Dir sidd elo net méi bei de Virwërf. Dir sidd elo bei enger Erklärung, bei engem Exposé.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, de President vun der Chamber ass net do, fir de Contenu vun deem, wat ech hei soen, ze bewäerten, mee fir einfach dës Prozedur ze leeden, fir mer ze erlaben, op déi Virwërf ze äntweren, déi hei gemaach goufen.

An ech mengen, och wann hei Leit net zefridde sinn, wat ass dat fir eng Diskussioun, wann een engersäits hei virgeworf kritt, et géif ee Zizanie seméieren, et géif ee seng Geschicht net kennen, a wann een da wëllt äntweren, da seet de President vun der Chamber: „Et gëtt Zäit, dass Der ophaalt!“? Ma nee! Loosst mech dach hei schwätzen, wéi et virgesinn ass!

Also, ech géif op jidde Fall emol da soen, also dee Virwurf vun der Geschichtskennis ..., et geet net nëmmen ëm d'Europäesch Unioun, et geet ëm eng Hellewull vun Institutionen an et war deemools ganz berechtigt, fir eeben do ze kucken, dass Lëtzebuerg net definitiv seng Rechter ofgëtt. Dat ass eng Virsiichtsmoossnam gewiescht. A wéi gesot, et ass net nëmmen d'Europäesch Unioun.

Et ass mer virgeworf ginn hei, dass mir oder ech géint d'Europäesch Unioun wäeren. Nee, dat ass net de Fall. Et geet just drëm, wéi eng Ausformung d'Europäesch Unioun soll hunn: als federale Staat oder als en Europa vun den Natiounen.

D'Madamm Beissel huet mech dann nach ugeschwat op déi Problematik vu Symbolik a Protokoll, ob elo de schweedesche Modell géif applizéiert ginn oder net an der neier Verfassung. An Dir hutt gesot, dat wär net esou. Gutt, ech huelen dat zur

Kenntnis. Ech wëll lech just soen, dass ech a menger Interventioun herno awer wëll duerstellen, dass praktesch alles, wat vu Pouvoire bis elo vum Grand-Duc erfëllt gouf, awer ofgeschaaft gouf. Dat stellen ech lech dann duer, Madamm Beissel, fir dass Der gesitt, dass dee Vergläich, dee mir maachen tëschent awer engem Wee hin zum schweedesche Modell an deem, wat mer bis elo haten, awer justifiéiert ass.

Ech soen lech Merci.

**M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

*(M. Charles Margue ouvre une bouteille d'eau.)*

**M. Charles Margue (déi gréng).**- Wéi maache se dat op der Musel?

**Une voix.**- D'Waasser vum Liewen.

**M. Charles Margue (déi gréng).**- Ech hätt léiwer Wäiwaasser.

*(Hilarité)*

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, „haut ass e gudden Dag fir eis Institutionen hei am Land, e gudden Dag, wou mer eise Staat a speziell eise Rechtsstaat op méi stabil Féiss stellen.“ Dës ware meng Ufangswieder den 20. Oktober, wéi mer den éischte Vott iwwert d'Justizkapitel gemaach hunn. Mee haut ass e weidere gudden Dag fir eis Institutionen, eise Rechtsstaat an eis Demokratie, well mer hinne mat dësem zweete Volet vun der Verfassungsrevisioun eng nach méi stabil Basis ginn, kloer Reegelen, wéi d'Institutionen zesummen, awer onofhängeg fonctionéieren, ouni ongesond Vermeschung oder rechtlech Onsécherheet.

Wa mer eng politesch Kris hu wéi 2013 zum Beispill, et ass schonn ernimmt ginn, da gëtt mat dësem Text elo kloer festgeluecht, dass souwuel d'Chamber wéi d'Regierung geschäftsfeierend weider am Amt bleiwen, fonctionéieren, bis eng nei Chamber gewielt ass an et zu enger neier Regierungsbildung kënnt. Et wäert deemno, wa mer dat hei unhuelen, kee Vide institutionnel méi kënnen ginn, wéi et aktuell nach virun Neiwalen de Fall ass oder deemools war.

De Rapportier Mars Di Bartolomeo huet a sengem Rapport déi weesentlech Punkte vun dëser Proposition de révision ervirgehewen. Villmools merci him - ech schlësse mech meng Virriedner un - fir dësse gudd schréftlechen a mëndleche Rapport, wéi gewinnt seng Handschrëft, awer och de Rapport vun der kollektiver Aarbecht vun der Institutionskommissioun an deene jeeweilegen Zesummesetzungen, wéi se vu meng Virriedner schonn opgeléscht gi sinn. Mir wäerte weider an där Kollegialitéit schaffen. Ech mengen, dorunner besteet keen Zweifel.

Op der Pressekonferenz op Chamber TV hat ech schonns d'Geleeënheet ze soen, dass déi fënnf éischt Artikeler fir eis Gréng weesentlech sinn.

D'Artikeler 4, d'Symboler, a 5, Europa, sinn nei. Bis dato hu mer déi Punkten, d'Simone Beissel huet et elo grad gesot, net ugeschwat, wat am Fong verwonnerlech ass an net Usus ass. Dofir ass dat elo kee falschen oder falsch verstanenen Nationalismus, mee quasi eng Selbstverständlechkeet, eng Hausaufgab, déi mer nohuelen.

Mee firwat ass et wichteg? Ech erläuteren dat kuerz. Dës fënnf Artikeler sinn a sech eng Visitkarte vum Land. Dës fënnf Artikeler soen am Resümee, wéi Lëtzebuerg fonctionéiert. Déi fënnf Artikeler stinn op der éischer Säit. All Awunner soll sech deene Punkten ëmmer erëm bewusst sinn. A jiddwereen, deen op Lëtzebuerg kënnt,

ka sech an e puer Minutten en éischt Bild vum Land maachen, wat jo elo net heescht, dass en a fënnf Minutten och alles kloer gesäit. Nee, dofir ass Lëtzebuerg vill ze vill komplex, villschichteg a spezifesch, eemoleg, wéi et och scho gesot ginn ass.

Si sinn also derwäert, nach eng Kéier beleeicht ze ginn, déi fënnf éischt Artikeler. Eise Grand-Duché ass demokratesch, fräi an onofhängeg an indivisibel. D'Form ass déi vun der Monarchie constitutionnelle. Dat ass déi Staatsform, déi am Fong och duerch d'Geschicht esou erhalte blouf an och an de leschte Jore kaum zur Diskussioun stoung an dofir och quasi vun Ufank un en onkontroversen Deel vum iwwerparteiliches Reformkompromëss tëscht de grouse Parteien war.

Déi eenzeg rezent Diskussioun huet sech dorëms gedréit, awéifern een am Rescht vum Verfassungstext den Term „Grand-Duc“ duerch de generelle Begrëff vum „Chef d'État“ sollt ersetzen. De Léon Gloden huet gesot, wou et hierkënnt. Dat war keng Suerg oder keng gréisser Suerg fir déi aner Korapporterer a Fraktiounen.

Mee vill méi wichteg ass, dass mer eng parlamentaresch Demokratie sinn, dass mer eis hei an dësem héijen Haus e gesetzleche Kader ginn an déi grouss Reegelen decidéieren, wéi dat Land hei fonctionéiert. Déi lescht annerhalfe Joer hu jiddwerengem heibannen, an ech hoffen, och e puer Leit dobaussen, dat bewusst gemaach.

**Une voix.**- Très bien!

**M. Charles Margue (déi gréng).**- D'Parlament diskutéiert iwwert d'Gesetzer am Zesummespill mat der Exekutiv a mam Staatsrot. D'Berufsskummeren - d'Simone Beissel ass op de Sozialdialog laang agaangen -, déi mer mat dësem Text haut och an der Verfassung verankeren, sinn opgefuerdert, d'Gesetzesprojeten ze aviséieren, grad wéi och vill aner Instanzen dat maachen. Ënner anerem duerch déi sëllegen Avice kommen d'Gesetzesprojete quasi ëmmer anescht eraus aus der Chamber, wéi se eraginn.

Dat Wichtigst an dësem Artikel ass d'Festschreiwe vun de Prinzippe vum Rechtsstaat a vum Respekt vun de Mënscherechter. Mir bekennen eis mam haitege Reformtext elo ausdrécklech an eiser Verfassung zum Rechtsstaat an zu de Mënscherechter. Op dëser Grondlag heescht dat, dass all eis Gesetzer gepréift ginn.

D'Mënscherechter sinn universell Rechter, gëllen also iwwerall. De Moment ginn d'Mënscherechter vill mat Féiss getrëppelt an ech muss feststellen, si ginn ëmmer méi mat Féiss getrëppelt an der Welt. D'Mënscherechter gehéieren deemno elo ausdrécklech, explizitt duerch d'Verankerung an eiser Verfassung zu eisem Referenzkader a verlichten eis heibannen a jiddwereen hei am Land.

Jo, loosse mer et kloer soen: Och hei am Land kënnt et zu Mënscherechtsverletzungen. Mir si permanent amgaangen, eisen Arsenal u Gesetzer ze stäerken, zum Beispill am Fall vu Mënschenhandel, wou mer an der Justizkommissioun reegelméisseg déi néideg Instanzen empfänken. Mënschenhandel, Prostitutioun an der Aarbechtswelt, gëtt et och zu Lëtzebuerg. Entsprechen eis Institutionen, eis Infrastrukturen alle Standarde vun de Mënscherechter? Mir kennen d'Äntwert. Mir sinn och amgaangen, eis Ressourcen opzestocken, fir de Mënschenhandel besser ze bekämpfen um Terrain.

All deenen, déi sech zu Lëtzebuerg asetzen fir d'Erhalte vun de Mënscherechter an der Welt an zu Lëtzebuerg, ech wëll hei haut vun der Geleeënheet profitéieren, fir hinnen ausdrécklech Merci ze soe fir hir Aarbecht, jiddwerengem eenzel, eisen Institutionen, déi mer dofir geschaaft hunn, de betreffende Verwaltungen an all den Institutionen aus der Zivilge-



gesellschaft. Fir keen ze vergiessen, hunn ech elo keng Lëscht hei opgestallt vun de Mënscherechtsverdeedeger. Mir brauchen lech elo an ech fäerten, och an Zukunft.

«La souveraineté réside dans la nation.» Iwwert de Begrëff vun der „Natioun“ kann ee vill philosophéieren. Wéi en an d'Institutionskommissioun koom, gouf et e Moment, wou effektiv dorriwwer gesot ginn ass: „Mer maachen elo erëm viles op, maache mer och dës Begrëff op?“ Bon, e gëtt och an der aktueller Verfassung esou gebraucht a mir hunn en dunn awer bäibehalen, well d'Pappe vum 6030 sech eeben net op en anere Begrëff géenegt haten. Dat ass och scho gesot gi vum Léon Gloden. D'Souveränitéit geet vum Vollek aus. Mee selwer sinn ech mer de Moment och net schlëseg, wéi ee Begrëff am beschte kéint zoutreffen, „Vollek“ oder „Natioun“. Lëtzebuerg ass nämlech komplex an dës Komplexitéit ass jo Deel vun der Identitéit vum Land.

Wa mer haut vun „Natioun“ schwätzen, dann dierf dat op kee Fall eng figéiert Definitioun vun „Natioun“ sinn, mee eng evolutiv, déi sech à la base och duerch eng Wëllkommenskultur charakteriséiert. Stellt lech emol de Géigendeel vir: Lëtzebuerg als Natioun, déi sech ofgrenzt. Dat ass e Widdersproch a sech selwer!



Den Här Charles Margue (déi gréng)

De véierten Artikel zielt d'Symboler op, déi eist Land duerstellen, et ass scho gesot ginn: d'Nationalhymn, de Wopen, de Fändel an eis Sproochen. Ech fannen dësen Artikel wichteg, well mer a véier Paragrafen all d'Elementer dran hunn, déi weisen, dass déi Symboler zentral Elementer vun eiser Identitéit sinn, awer ouni dass se sollen eis Awunner splécken oder ausgrenzen. Jo, Lëtzebuerg ass net e Land mat just enger Sprooch, Lëtzebuerg ass dräisproocheg. Een, deem dat net esou gesäit, huet munches net kapéiert.

D'Primat vum Lëtzebuergeschen als Sprooch vum Land hu mer explizitt ageschriwwen. Dat ass gutt a richtig esou. Gläichzäiteg ginn Däitsch a Franséisch festgehalen an et gëtt Stëmmen, déi froen: „A wéi ass et da mam Engleschen?“ Englesch gëtt ëmmer méi gebraucht, berufflech a privat. Déi engleschsproocheg Communautéit zu Lëtzebuerg ass zënter e puer Joer am zweestellige Prozentberäich. Och hei bei der Sproochefro louch op Basis vum 6030 schonn e Konsens vir an no 2018 gouf zesummen decidéiert, dës Fro net nach eng kéier opzemaachen. Dat ass da fir eng nächst Reform.

Wichtig ass an eisen Aen ze soen, dass Lëtzebuerg onméissverständlech e méisproocheg Land ass. Dass dës Méisproochegkeet munchmol fir Kappzerbrieche suergt an eise Alldag, dat ass gewosst - mir haten

elo kuerz en Debat hei déi lescht Woch. An d'Zesummeliewen ass doduerch och net ëmmer erlichert. Et ass eng dagdeeglech Erausforderung, déi Opmierksamkeet a géigesäitege Respekt verlaangt. An deem Sënn erlaben ech mer, en Appell ze maachen u jiddereen, deem hei am Land leeft a schafft, sech bewusst ze sinn, dass säi Géigeniwwer net onbedéngt déi selwecht Mammesprooch huet wéi hie selwer. Déi ënnerschiddlech Sproochekompetenzen dierfe fir den Eenzelnen net zu Nodeeler féieren an Ongerechtegkeete verdeiwelen.

Déi sproochlech Situatioun zu Lëtzebuerg ass eng extreem lieweg Situatioun. Esou wéi d'Lëtzebuergesch selwer sech zemoos bei de jonke Generatiounen verännert, esou verännert sech och stänneg dat generell Sproochebild vun eisem Land. Dës iwweraus lieweg Sproochesituatioun ass en Ausdrock vun der Diversitéit zu Lëtzebuerg, eng Diversitéit, déi iwwer Joerzéngte lues a lues zougehall huet an eis Gesellschaft enorm beräichert huet.

Mee natierlech bréngt dat och Erausforderungen a Problemer fir eis Gesellschaft mat sech. Mee eis Lëtzeburger Identitéit ass eng, déi sech och duerch den demografesche Phenomeen vun der Awanderung charakteriséiert, an dat net just a rezenten Zäit, mee zënter dass Lëtzebuerg als Staat existéiert. An eisen Debatten iwwert dat

neit Integratiounsgesetz wäerte mer dës Joer nach dorobber ze schwätze kommen.

Da schreiwe mer an den Artikel 5 déi europäesch Integratioun an als Bestandteil vun deem, wat Lëtzebuerg ausmécht. Lëtzebuerg ass viru ronn 100 Joer eng Wirtschaftsunioun mat der Belsch agaan, duerno eng Benelux-Kooperatioun a war viru 70 Joer schliisslech eent vun de sechs Grënnerlänner vun der Europäescher Gemeinschaft fir Kuel a Stol, aus där mëttlerweil d'EU ginn ass. An ob et en onofhängegt Lëtzebuerg nach géif ouni d'Europäesch Unioun ginn, dorunner zweifelt esou munchereen - ech als Éischten.

De leschte Mëttwoch hat d'Conférence Saint-Yves eng Konferenz organiséiert iwwert d'Pensée juridique vum Pierre Pescatore, dee fir Lëtzebuerg net nëmme bei de Verhandlungen zum Réimesche Vertrag (EWG) dobäi war, mee och schonns nom Krich zu New York dobäi war, wéi d'UNO gegrënnt ginn ass.

Dës Jurist, Diplomat, Unisproff a Riichter vum EU-Gerichtshaff war en éiwege Verfechter a kritesche Begleeder vun der europäescher Integratioun, déi hie während 18 Joer als Riichter um Europäesche Gerichtshaff begleet - an ech woen ze soen: matgestalt - huet. Hien hat sech a senger jonke Jore vill mat der US-amerikaner Verfassung auserneegesat.

A wéi op der Konferenz gesot gouf vum Koen Lenaerts, dem aktuelle President vum EU-Gerichtshaff, deem iwwregens dem Pierre Pescatore säi Student war, ass de constitutionnelle System an den USA esou, dass tëscht deenen eenzelne Staaten an de federalen Autoritéiten en Hin an Hier ass, wou deem een Niveau dat gewënnt, wat deem anere verléiert. Do schwätze mer vun engem System vu Gewënner respektiv Verléierer.

Bei der europäescher Integratioun ass dat net esou, dem Pierre Pescatore no, deem den Droit de l'intégration mat gegrënnt huet. Mir schwätzen hei vun engem „fédéralisme coopératif“ respektiv vun der „souveraineté complémentaire“. Mir verléieren also als Land näischt, mir gewanne just.

Fir eis Gréng ass déi europäesch Integratioun och haut nach ëmmer primordial. Just um supranationalen Niveau kënne mer déi grouss global Erausforderungen, wéi déi vun der Transitioun zum Beispill, meeschteren. Zesumme si mer méi staark. An „zesummen“ heescht och net, dass mer eis Spezifitéit oder Identitéit mussen opginn. De Motto „In Vielfalt geeint - Unie dans la diversité - United in diversity“ ass ee vun de Symboler vun der europäescher Integratiionsdemarche. An deem schlësse mer eis haut via den Artikel 5 un. „In Vielfalt geeint“ ass deem Ausdrock, déi Iwwersetzung, déi dee Gedanken am beschten erëmgëtt.

Nodeems ech dës fënnf éischt Artikelen kommentéiert hunn, géif ech mer nach dës Bemierkung erlaben: Mir beschreiwe Lëtzebuerg als en oppent, als en dynamescht Land an eiser Verfassung. Oppenheet an Dynamik sinn nieft der Zouverlässigkeet zwou vun deene Charakteristiken, déi am Nation Branding fir Lëtzebuerg festgehalen goufen. A méi zouverlässig gi mer eebefalls mat deem neie Reegeliwerk zur Staatsorganisatioun, iwwert dat mer haut eng éischte kéier wäerten ofstëmmen.

Ech profitéiere vun der Geleeënheet, fir lech e puer Resultater vun der European Values Study an dësem Kontext matzedeelen, déi mer den 13. Januar am Kader vun der Chaire parlementaire virgestallt kruten. D'Interviewe goufen tëscht dem Oktober 2020 an dem Januar 2021 gemaach. Et ass wichteg ze wëssen, wéi d'Bevëlkerung zu hiren Institutionen steet. Ronn zwee Drëttel hu Vertrauen an d'Parlament an an d'Regierung, e gudd Véierel huet keent oder net vill an déi aner hu keng Meinung ausgedréckt.

Beim Justizwiesen an der Polizei leie mer jee weils bei dräi Véierel: 75 % vun de Leit hu Vertrauen an déi Institutionen oder Instanzen, ee Fënneftel, 20 %, huet keen oder weineg Vertrauen, an déi aner Leit hu sech net ausgedréckt.

Dës si gutt Wäerter a weisen eng staark majoritär Zoustëmmung zu eisen Institutionen. Dat ass e gutt, e wichteg Zeechen. An dat ass nach laang net an all Land esou.

Ech kommen zum Fonctionnement vun der Exekutiv: De Grand-Duc zesumme mat der Regierung si responsabel an et ass d'Regierung, déi d'Staatsgeschäfte am Alldag féiert. De facto ass dat elo schonn esou. Mir halen et elo am Text vun der Verfassung fest.

Et ass schonn ernimmt ginn, de Finanzement vun der Maison du Grand-Duc hu mer schonns gekläert. D'Froe wéi déi vun der Nofolleg vum Grand-Duc, senger Odfankung, der Regence reegele mer och elo an der Verfassung an net méi via de privatrechtleche Familljepakt vun den Nassauer vu 1783. Deem huet 239 Joer um Bockel. Dës si weider Zeeche vun engem transparenten a moderne Rechtsstaat.

D'Chamber bleift mat agebonnen, ëmmer. Si behält doduerch permanent hir Roll als Volleksverriedung. Déi demokratesch Kontroll vun der Chamber ass onënnerbrach. Et entsteet, ech hunn et scho gesot, kee Vide juridique oder keng Vacance du pouvoir méi.

Den neien Artikel 36, also den aktuellen 32 (4), iwwert den État de crise ass dee kruzialen Artikel - et ass scho gesot ginn, mee ech ënnersträichen et nach eng kéier -, wou de Grand-Duc och an Zukunft muss agräifen, an zwar, ech zitieren: «En cas de crise internationale, de menaces réelles pour les intérêts vitaux de tout ou partie de la population ou de péril imminent résultant d'atteintes graves à la sécurité publique, le Grand-Duc» - nodeems e festgestallt huet, dass mir hei, d'Chamber, net fäeg sinn, kuerzfristeg ze legiferéieren, an deem Fall - «peut prendre en toutes matières des mesures réglementaires.»

Am Fall wou de Grand-Duc am Amt stierft, wou en ofdankt oder aus anere Grënn säin Amt net kann ausüben, steet elo am neien Artikel 49, dass d'Fonction vum Staatschef vun der Regierung kollektiv iwwerholl gëtt; dës gëllt och natierlech am Fall vun enger Regence - kee Vide, keng Vacance du pouvoir, ech widerhuele mech. D'Stabilitéit vun den Institutionen an doduerch déi vum Land gi gestärkt mat deem Text vun haut.

Wéi am neien Artikel 80 steet, geschitt dat mam Premier als Primus inter pares. Dem Premier seng Roll ass d'Koordinatioun vun der Regierungsaarbecht an hie suergt fir de Maintien de l'unité de l'action gouvernementale. E muss se all zesummenhalen, domadder huet e scho vill Aarbecht. Dësen Artikel ass zwar nei, mee trëfft op déi aktuell Praxis zou.

Och nei am Text sinn d'Dispositionen, déi mer am Artikel 82 festhalen an déi eis vläicht méi bekannt sinn aus dem Ausland. Et geet ëm d'Verauens- oder d'Mësstrauensfro respektiv d'Motions de confiance oder de censure. An der Praxis ass et och elo schonns esou, dass de Premier no der Regierungsbildung an d'Chamber koom, en huet eng Deklaratioun mam Regierungsprogramm gemaach a krut duerno, zum Beispill den 12. Dezember 2018, d'Vetraue vun der Majoritéit vun der Chamber duerch de Vott vun enger Motioun ausgeschwat. An Zukunft wäert dat ëmmer de Fall sinn, wann e säi Regierungsprogramm virstellt, ob do eng Motioun derbäikëent oder net.

Hie kann et awer och, an dat ass dat Neit, an Zukunft allkéiers maachen, wann e Vott vun engem wichtige Gesetz usteet oder enger Regierungsdeklaratioun, wou et dréms geet, dass d'Regierung wëllt wëssen, ausdrécklech wëllt wëssen, ob se op politesch wichtige Punkten d'Chamber hannert sech huet oder net, ob et e kloer Jo ass oder e mëlle Jo.

De Corollaire ass deem, dass op Initiativ vun der Chamber awer och de Mësstrauensvott

kann op den Ordre du jour kommen, a mir wäerten déi nächst Deeg an der Institutionskommissioun kucken, wéi mer dat am Reglement wäerten abannen. Dat kann, wéi een et am Ausland gewinnt ass, relativ séier kommen an op Initiativ vun deem engen oder deem aneren oder e puer Deputéierten.

Huert d'Regierung d'Vetraue vun der Chamber net méi, dat heescht keng Majoritéit beim Vott vun enger Vertrauens- oder Mësstrauensmotioun, dann ass et kloer dës kéier, dann ass se demissionnaire. Si dierf awer net hirer Wee goen, si muss geschäftsféierend am Amt bliwelen, och wa se d'Fleem huet, bis zur nächster Regierungsbildung, neier Regierungsbildung, wéi et wierklech och gesot ginn ass d'leschte kéier, déi duerch Neiwalen oder duerch d'Constitution vum enger neier Majoritéit an dësem Haus kann entstoen. An d'Neiwalen, déi ka just de Grand-Duc ausruffen. Mee dat kënnt awer nach an deem Deel, wou ech zoustänneg sinn, an deem vun der Chamber gëtt dat méi ausdrécklech behandelt.

Dës ass och e wichteg Element vun der parlamentarescher Demokratie, genau wéi den neien Artikel 83, wou mer nieft der politescher Verantwortung vun der Regierungsmembere virum Parlament och déi penal Verantwortung klären. Déi war bis ewell net gekläert. Hei kënn et elo zu enger kloer Prozedur, wou d'Instruktioun awer just kann op Initiativ vum Parquet ageleet ginn. Beid Verantwortungsniveaue ginn elo kloer getrennt a stroferechtlech ginn och elo kloer Prozeduren ugewannt fir d'Membere aus der Regierung - e weidert Beispill vun der Stärkung vum Rechtsstaat.

D'Kapitel vun de Gemengen ass e puermol ugeschwat ginn. Et geet ëm d'Recht, dass d'Gemengen déi néideg Finanzmëttel kréien. Wa mir hei per Gesetz iwwer eppes ofstëmmen, wat d'Gemengen an d'Flicht hält, da muss mer eis kloer sinn, dass och dat néidegt Geld fir d'Gemengen disponibel gemaach gi muss. A meng Virriedner hu schonn drop higewisen, dass et och elo wäert méiglech sinn, dass d'Gemengen eleng oder zesummen en Établissement public kënne grënnen.

Loosst mech zum Schluss nach e puer Wieder soen zur Trennung vu Kierch a Staat. Den Artikel 102 an der neier Sektioun 3 klärt d'Relatioun tëscht dem Staat an de Reliounsgemeinschaften. Dësen Artikel ass zesummen ze liese mat deene vun de Grondrechter, déi mer nächstens hei beschwätzen, dat heescht am drëtten Deel vun der Verfassungsreform, fir deem d'Simone Beissel Rapportrice ass.

Den zukünftigen neien Artikel 10ter seet: «Toute personne a droit à la liberté de pensée, de conscience et de religion.» Dës Approche ass och consacréiert am Artikel 9 vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun. Mir wäerten och den aktuellen Artikel 19 ëmgeännert bäibehalen. Hei ginn d'Libertés „de manifester ses convictions philosophiques et religieuses“, „d'adhérer ou de ne pas adhérer à une religion“ an d'Liberté de culte garantiéiert a kee ka gezwonge ginn, un der Zeremonie vun engem Culte deelzehuelen, och deem seng Feierdeeg ze observéieren. Dës Dispositioun steet haut schonn esou an der Verfassung am Artikel 20.

Deem elo proposéierte Wording zur Trennung vu Kierch a Staat geet jo op den 21. Januar 2015 zrëck. Deemools huet d'Chamber een Dag no der Regierungsdeklaratioun zum Verhandlungsaccord mat de Reliounsgemeinschaften mat 55 géint 5 Stëmmen eng Resolutioun ugeholl a sech géenegt op d'Aschreiwung an d'Verfassung vun der Neutralitéit vum Staat op reliésem, ideologeschem Plang, dorops, dass de Staat net méi opkéim fir d'Paie vun de Ministres des Cultes an dass deementspriedend och déi véiert Fro aus dem geplangte Referendumsgesetz 6738 sollt gestrach ginn.



Fir déi gréng war d'Trennung vu Kierch a Staat ëmmer eng wichteg Fuerderung.

**Une voix.** – Très bien!

**M. Charles Margue (déi gréng).** – Selwer war ech zënter menger Jugendzäit, a mat ville Frënn aus der JEC (ndlr: Jeunesse étudiante chrétienne) an der Jugendpor, och derfir, déi Trennung ze maachen. Esou eng Trennung ass néideg, well se (veuillez lire: well dat fréiert Verhältnis) ass iwwerlieft an ongesond gewiescht, schonn deemools, souwuel fir de Staat wéi fir d'Kierchen an d'Reliounsgemeinschaften selwer. All Instanzen an Autoritéiten an enger Gesellschaft musse fräi an onofhängeg vunenee funktionéieren, soss kënnen se hir jeeweileg Rollen net zefriddestellend erfëllen.

Kloerheet gouf et an deem Sënn ab 2015 mat der Trennung vu Kierch a Staat. Ech woen ze behapten, dass et der haut net vill hei am Land gëtt, déi dorops (veuillez lire: op dat fréiert Verhältnis) wëilten zrëckkommen. Dës Trennung huet et méiglech gemaach, an dat ass a mengen Aen e wichtige Fortschritt och fir d'sozial Kohäsion, dass de Staat ka Konventiounen mat alle reliéisen Autoritéiten, an dat um selwechten Niveau, ofschléissen. An esou engem Kader kann nämlech e gereegelt Dialog stattfannen, dee weesentlech ass an enger Gesellschaft, och an enger staark sekulariséierter Gesellschaft wéi d'ADR lëtzebuergescher.

Zu Lëtzebuerg ass déi reliéis Praxis massiv zrëckgaangen a wäert sech fir de Moment op 15 % apendelen, och laut den Zuele vun der European Values Study. A manner wéi d'Hallschent, an dat war en Novum, vun de Leit hei am Land bekennt sech zu enger Relioun.

Mat alle Punkten, déi ech elo behandelt hunn, gëtt kloer, dass dat, wat fir eis Gréng wichteg ass, mat dëser Verfassungsreform erfëllt gëtt, nämlech d'Upassung vum Text un d'Praxis an d'Aféierung vu klore Reegelen, wéi d'Institutionen mateneen, awer onofhängeg funktionéieren, d'Aschreiwung vun de Mënscherechter als Referenzkader, d'Ofschafung vu Grozone beim Exercice des pouvoirs. Dës si Fortschritter a puncto moderne Rechtsstaat, a puncto Gewaltentrennung. D'Kompetenze gi gekläert a Kompetenzen, déi gekläert sinn, sinn der, déi gestärkt ginn, wéi och schonns beim Kapitel Justiz, wou mer den éischte Vott schonns gemaach hunn.

An deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Nolauschten a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen, Président.** – Merci villmools, Här Charles Margue. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** – Villmools merci, Här President. Ech wëllt dann och ufänken an dem Här Mars Di Bartolomeo e grouse Merci soe fir déi Manéier, mat där en eis hei duerch dat Kapitel gefouert huet als Rapporteur. Dat war méi wéi interessant an et war brillant argumentéiert, mir sinn net ëmmer d'accord – an ech wäert och drop kommen –, wat de Fong ugeet.

Ech wëll awer och vläicht ufänken an nach eng Kéier e Kommentar maachen, fir op déi extreem aggressiv Manéier ze reagéieren, mat där d'CSV hei virdrun opgetrueden ass. Ech wëll vläicht soen: Wann ech kucken, firwat d'CSV dat mécht, dann denken ech, ass dat, well se u sech keng vun hire Fuerderungen duerchgesat krut, déi se eigentlech wollt.

Wann ech déi Acrobatië vun der CSV kucken, déi se säit 2015 opféiert an der Affär Kierch a Staat, da wonnert et mech net, dass se elo probéiert ofzelenken. Et wonnert mech net, dass se probéiert ofzelenken, well zum Beispill aus der Fuerderung, dass de Formateur no Walen ëmmer soll aus där gréisster Partei kommen, ass näischt ginn. Dat fënnt een net dran.

**M. Claude Wiseler (CSV).** – Mengt Der, Dir misst lech wieren?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** – Et fënnt een näischt vun enger Chambre des élus locaux – och esou e Credo vun der CSV. D'CSV stëmmt hei en Text mat, an deem eigentlech hir Handschrëft ganz, ganz, ganz butzeg kleng vläicht ze gesinn ass. An dofir wëllt se oflenken. Et ass u sech eng ganz bëlle Method.

**M. Claude Wiseler (CSV).** – Geet et lech elo besser?

(Hilarité)

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** – Et sinn natierlech vill positiv Neierungen an deem Text. Dat streide mir als ADR net of. An d'Virriedner hunn der eng Partie ervirgehuewen.

Eng dovunner ass natierlech d'Festschreiwung vun der Lëtzebuergescher Sprooch an déi nei Verfassung. Mee dofir hätt et keng Gesamtrevisioun gebraucht! Mir hunn als ADR selwer eng Proposition de révision vun der Verfassung gemaach, wou mer proposéiert haten, fir d'Lëtzebuergescher

Sprooch an d'Verfassung opzehuelen. Elo ass se dran, dass freet eis, mee et muss nach esou sinn, dass d'Wichtigkeet vun der Lëtzebuergescher Sprooch dann och am Alldag dem Verfassungsrang Rechnung dréit, deen se elo krut. Lëtzebuergesch muss einfach ausgebaut ginn.

Mir hätten zum Beispill och gären – eng Proposition, déi mir gemaach hunn –, dass och eng lëtzebuergesch Versioun vun där neier Verfassung, sollt se da kommen, soll publizéiert ginn, well, ech mengen, dass ass einfach wichteg, dass ass och symbolesch. Wa mer soen: „D'Lëtzebuergesch ass d'Nationalsprooch“, da soll och d'Verfassung an der Lëtzebuergescher Sprooch sinn, quitte datt – an dat soe mer och direkt – déi rechtlech Verbindlechkeet muss am franséischen Text bleiwen, well Lëtzebuergesch nach eng Ausbausprooch ass an nach net mat där selwechter Präzisioun kann a juristeschen Texter, net mat där selwechter Zouverlässegkeet ka benotzt ginn. Mee dat verlaangt nach e bëssen Aarbecht.

(Interruption)

Mir hu Kritikpunkten an deem Kapitel, wat d'Souveränitéit ugeet a wat d'Monarchie ugeet. Dat ass haut vill diskutéiert ginn. Ech wëll dofir nach eng Kéier besonnesch op déi Aspekter agoen.

Wat d'Monarchie ugeet: Natierlech, déi konstitutionell Monarchie ass hei am Land extreem beléift. Si ass vun enger grousser Majoritéit – net vun all de Leit – absolutt akzeptéiert. De Groussherzog gëtt dobäi gesinn als eng Perséinlechkeet, déi en neutrale Representant vun dem Land ass, déi natierlech iwwert der Politik steet an och iwwert de politesche Pouvoiren. Och dat ass déi traditionell Konzeptioun.

Elo gi mer awer hin, an dofir och dee franséische Modell, op dee sech explizitt an den neien Texter beruff gëtt, dass eeben d'Virbild schonn e bëssen déi franséisch Verfassung ass. An do ass ganz vill eeben agefloss.

Et ass awer, an dat hunn d'Virriedner net gesot, schonn a méi wéi enger Hisiicht e brutale Broch mat deene Gewunnechten, déi mer hei am Land mat der Monarchie hunn. An dat wuel visibelst Beispill, dass d'Eedesformel. Mir hunn déi Eedesformel, wa Beamten, Politiker, Zaldoten, anerere vereedeget ginn, säit laanger Zäit. Do ass ëmmer dee Saz dran: «Je jure fidélité au Grand-Duc» oder «Je promets fidélité au Grand-Duc». Dat fält ewech. A kee vun de Virriedner huet dat gesot. An d'Symbolik ka jo net ënnerschat ginn!

Mir hunn elo eng Verfassungsgeschicht vun, ech weess net, no un 200 Joer iwwert den Daum. An trotzdeem ass dat elo e Broch, dee mer maachen. De Serment op de Grand-Duc, dee fält ewech! Et ass eng Referenz, déi schonn eleng an eisen Aen derwäert wär, e Referendum ze maachen. Wëllen d'Lëtzebuergescher dann, wëllen all déi Dausenden an Dausende vu Leit, déi op de Grand-Duc vereedeget waren, wëllen déi, dass dat ewechfält? Ech mengen dat net!

Fir eis ass kloer, dass et schonn a viller Hisiicht eng Reform ass, déi de Grand-Duc schwächt. Zum Beispill: Bis elo war et esou – an dat ass keen alen Text, en ass aus dem Joer 2004, Artikel 76 –, dass de Groussherzog seng Regierung organiséiert huet. Dat fält ewech. D'Regierung organiséiert sech an Zukunft selwer an da kann de Grand-Duc natierlech en Arrêté grand-ducal huelen, mee mir wësse jo, an dat ass kloer: Et ass u sech d'Regierung, déi dat da mécht. Dat ass just e Formalismus.

D'Fro ass jo: Wat wär dann, wann de Groussherzog wierklech enger anerer Meenung wär? Kéint en dat da soen? Kéint en dat zum Ausdrock bréngen? An da kënnt jo déi ganz Architektur hannendrun. Well de Grand-Duc kann ënner Drock gesat ginn. Dat ass deen neien Artikel 48. E gëtt a senger Handlungsfreiheet géintwärt der Regierung mat Sécherheet beschränkt! Well et ass eng Prozedur eeben ageféiert, wou d'Regierung kann déi Initiativ huelen – «si le Grand-Duc ne remplit pas ses attributions constitutionnelles» –, fir eeben dann op e Wee ze goen, dass consideréiert gëtt, dass en ofgedankt hätt. Et ass eng Prozedur virgesinn, mee d'Regierung kann d'Initiativ huelen.

An dat ass, mengen ech, eng ganz weesentlech Saach! Wann de Groussherzog eng onofhängeg Meenungsbildung huet a wëllt soen, wou en net mat der Regierung d'accord ass, well e vläicht iwwerparteilch denkt, well en d'Interesse vum Land op déi éischt Plaz setzt, da kann d'Regierung déi Prozedur lancéieren. An dat ass wierklech eng Gefor!

Wéi ass dat ze interpretéieren, «si le Grand-Duc ne remplit pas ses attributions constitutionnelles»? Wann e Groussherzog op seng Staatsform wëllt oppassen ...

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Jo, jo.

Wann e wëllt oppassen, da probéiert en natierlech vu vireran – vu vireran! –, esou Konflikter ze verhënneren.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

D'ADR respektéiert d'Funktoun vum Staatschef an hirem eegene Wäert ...

**M. Fernand Etgen, Président.** – Här Kartheiser, erlaabt Der, dass de Premierminister ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** – Nee, nee, nee. Herno! Herno ganz gär.

(Interruptions diverses)

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** – Voilà!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** – O, wann Der wëllt. Wann Der lech ... Also da jo. Da kommt! Schwätzt! Ech wollt just kohärent am Text virgoen.

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** – Här President, ech wollt froen, well am Text steet awer dran „impossibilité temporaire“. Hei ass jo dann e Fait, deen do ass. Duerfir, den Här Kartheiser liest just en Deel vum Saz.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** – Jo, ech kann lech zum Beispill soen, Här Staatsminister, fir op déi do Remark direkt ze äntweren, dass och mir agesinn, dass et verschidde Circonstancë ka ginn, wou effektiv esou e Wiessel néideg ass. Awer de groussen Ënnerschied ass: Eis geet et net drëm, d'Funktoun selwer ze devualoriséieren oder ze schwächen oder ze destabiliséieren. Mee mir hätt gewësse Cas de figure scho gesi wéi zum Beispill medezinnescher, dass ka jo virkommen, an dann hätt mer dat kënnen an den Text schreiwene. Awer déi allgemeng Form, wéi et elo virgesinn ass, dass geet eis einfach ze wäit. An ech hunn lech erkläert, firwat dat esou ass. Sou!

D'Regierung ass awer schonn déi, déi haaptsächlech gewënnt an der Konkurrenz tëschent den Institutionen, well den Artikel 49 – en ass hei zitéiert ginn – seet jo ganz kloer, wann de Grand-Duc eeben verstuerwen ass, ofgedankt huet oder wa festgestallt gëtt, dass e seng Attribution constitutionnelle net kann erëllen, dass d'Fonction de Chef d'État dann duerch d'Regierung exercéiert gëtt. Firwat? Et hätt ee jo och do kënnen aner Méiglechkeete gesinn: en anere Member vun der groussherzoglecher Famill, de President vum Parlament oder en aneren, de President vun der Cour constitutionnelle. Nee, d'Regierung ass Staatschef!

De Groussherzog léist och net méi de Gemengerot op, mee d'Regierung. Wann d'Regierung demissionéiert huet, dass ass och ganz interessant, dass steet an der Verfassung net, dass se nach d'Affaires cou-



D'Regierung am Plenarsall vun der Chamber um Krautmaart



rantes mécht, wéi dat am Allgemengen an anere Länner de Fall ass. Nee, déi Lëtzebuerger Regierung behält d'Fakultéit «de conduire la politique générale». Firwat dat? Firwat net nëmmen d'Affaires courantes bis zu neie Walen?

Dann, d'Urteeler vun der Justiz - ech ernimmen dat just kuerz, well dat hu mer scho beim Kapitel virdrun diskutéiert - ginn net méi am Numm vum Grand-Duc geholl, mee nëmmen nach am Numm vum Grand-Duc exekutéiert. A mir wäerten am Här Margue sengem Deel, am véierten, iwwert d'Opléisung vun der Chamber schwätzen. Dat féiert am Abléck elo ze wäit.

Ech kommen awer op de Kommandant vun der Arméi. Den Här Di Bartolomeo hat dat ugeschwat. Do ass et jo esou, datt et am Abléck am Artikel 37 heescht: «Le Grand-Duc commande la force armée.» Gutt! Dat ass déi aktuell Situatioun. Dat ass näischt Onübliches. Monarchen iwwerall a Staatscheffen hunn normalerweis och déi Attributiounen, datt se Kommandant vun der Arméi sinn. Dat heescht och net, datt de franséische President, wéi ee vun de Virriedner gesot hat, op säi Päerd klëmmt a mam Säbel virreit. Och déi Zäite sinn eriwwer. Et ass awer esou, datt d'Staatscheffe gewéinlech Kommandant vun der Arméi sinn. Dat war och bis elo zu Lëtzebuerg.

Elo ass dat geännert ginn. Deen neien Artikel 41 (3) (veuillez-lire: 41 (1)) seet: «Le Grand-Duc porte le titre de commandant de l'armée.» E kommandéiert also net méi, en huet nëmmen nach den Titel. En ass net méi Kommandant vun der Arméi - wichteg Textännerung. An da steet de Saz hannendrun: «Ce commandement» - deen e jo net méi huet, en huet e jo net méi, en huet nëmmen nach den Titel - «est exercé sous la responsabilité du Gouvernement.»

Wou ass do d'Logik? E kritt de Kommando ewechgeholl, en huet nëmmen nach den Titel. An dat, wat en ewechgeholl krut, dat gëtt dann ënnert der Autoritéit vun der Regierung gemaach. Dat ass a mengen Aen absurd! D'Regierung gesäit sech do selwer e bëssen als Staatschef, wéi mer et virdru gesot hunn, an och e bëssen als Kommandant vun der Arméi. Bon. Mee op jidde Fall ass dat doten net logesch.

Bei den internationale Kompetenz geet et weider. Den Artikel 37 am Abléck seet: «Le Grand-Duc [...] déclare la guerre et la cessation de la guerre», wann en duerch eng Zweedréttelmajoritéit vun der Chamber autoriséiert gouf.

An elo grouss Ännerung, an ech géif wierklech d'Kollegee Rapporteurs hei invitéieren, elo gutt nozelauscheren: Den neien Artikel 97bis seet, d'Chamber soll iwwert de Krichszoustand deliberéieren an och doriwwe befannen, ob d'Lëtzebuerger Arméi soll am Ausland engagéiert ginn. Do si mir komplett d'accord. Et steet awer elo net méi do, an dat gëtt elo interessant, wien dann eng Krichserklärung mécht. D'Chamber deliberéiert just nach iwwert de Krichszoustand, awer ob een en erkläert, wéi bis elo de Grand-Duc, dat steet net méi dran.

Dat ass awer ganz interessant, well am Projet 7700 - deen, dee mer haut diskutéieren - steet am Text Artikel 97bis: «Toute déclaration relative à l'état de guerre et tout engagement» gëtt dann diskutéiert an der Chamber. Dat heescht, et gëtt nach eng «déclaration relative à l'état de guerre», well d'Chamber deliberéiert driwwer. Et weess een zwar net, wie se herno schwätzt.

An da steet an deem nächsten Deel oder dem iwwernächsten, dem Här Margue sengem Deel 7777, am Artikel 71 am Exposé des motifs - an et steet dann net méi ... Effektiv, den Artikel korrespondéiert -: «La déclaration de guerre étant toutefois un instrument juridique dépassé, non conforme au droit international et de surcroît inadapté pour garantir les droits du Parle-

ment, la nouvelle disposition ne reprend pas le texte actuel.»

Dat heescht, mir hunn an dem aktuellen Deel: „toute déclaration relative à l'état de guerre“. An am Här Margue sengem Deel, op dee mer nach kommen, steet, d'„déclaration de guerre“ ass contraire „au droit international“ an esou weider. Ech felicitéieren dann awer fir déi Kohärenz an de Rasonement. Fir eis ass dat natierlech onsënneg. Et ass komplett onsënneg! An et ass kee Wonner, wann Der wierklech déi Texter emol kuckt a vergläicht, datt mir soen: Dat passt net! Dat ass onlogesch. Et ass onsënneg.

A souwisou, déi geplangte Reforme verschiben d'Pouvoir vum Staatschef op d'Regierung. Da steet hei ... Dat wëllt Der jo och! Dat ass jo och gewollt, well de Rasonement ass jo, déi Proposition de révision - dat liese mer och a schéine Broschüren -, déi wär jo do, fir der Regierung déi Plaz ze ginn, déi hir zoukënn.

Ech mengen, si kritt vill ze vill Pouvoiren, d'Regierung! Si hält sech Pouvoiren, déi u sech enger Instanz driwwer, nämlech dem Staatschef, zoukommen, eebe fir d'Regierung am Spill vun den demokrateschen Institutiounen net ze staark ze maachen.

Och - an dat wëll ech awer hei och kloer soen - ass dat Kapitel hei eng Schwächung vun der nationaler Souveränitéit. Et steet jo elo dran, datt mir eis un der europäescher Integratioun bedeelegen. Et ass eng Banalitéit. Et ass eng Selbstverständlechkeet, datt mer dat musse maachen. Da gëtt gesot: „Jo, an der franséischer oder an der däitscher Verfassung steet dat och.“ Mee d'Fransousen an déi Däitsch, eis léif Noperen, hunn aner Méiglechkeeten am Prinzip. Si hu vill méi eng grouss Méiglechkeet, fir onofhängeg ze sinn. Lëtzebuerg huet dat absolut net. Mir hu keng aner Wiel!

An ech wëll der CSV dat och nach eng Kéier soen, déi jo hei behaupt, mir wäere géint eng europäesch Integratioun, eng europäesch Zesummenaarbecht. Mir hunn dach guer keng aner Wiel als klenge Land! Dat ass eis ganz Geschicht! An natierlech ass eng ADR sech voll bewusst, datt mer och mussen an internationalen europäeschen Organisatiounen matmaachen. Den Ënnerschied tëschent enger Konzeptioun Federalstaat, wéi d'CSV se dacks vertritt, an eiser ass einfach: Wéi eng Modalitéiten, wéi eng Institutiounen, wat ass d'Plaz vun eisem Land an esou engem Europa? Mee net de Prinzip! A wann een hei esou eppes behaupt, ech mengen, dat ass einfach onéierlech. Gutt!

Dann, also et ass jo ganz kloer, wann een esou eppes draschreift, da muss ee sech froen: Et ass eng absolut Banalitéit fir Lëtzebuerg, mee wat sinn d'Geforen? Et muss een dach och wëssen an aus eiser Geschicht eraus léieren, datt mer all Interessi drun hunn, fir esou Engagementer virsiichteg ze huelen. An et muss een net alles an eng Constitutioun schreiwen, well deen Abléck kann och kommen, wou een dat ka bedauern, fir esou wäit Engagementer auszuformuléieren. Et ass keng grouss Gefor, dat ginn ech zou, mee et ass besser opzepassen.

Dat ass och de Fall bei der definitiver Delegatioun vu souveräne Rechter un déi Europäesch Unioun - an un international Organisatiounen, steet am Text, dat däerf een net vergiessen -, wou den Exercice de pouvoir de l'État bis elo nëmme konnt temporär delegéiert ginn. An elo fält dat Wuert „temporär“ ewech. Mir ginn also an eng Richtung „definitiv Ofriedung vu Rechter“.

Dat ass wichteg. An et ass net esou, datt awer méiglech wär ..., oder esou. Nee, et gëtt am Exposé des motifs vun deem Text ganz kloer gesot, et wär eng Fiktioun - „eng Fiktioun“ steet am Text! -, fir ze denken, datt ee kéint Rechter och zrëckkreien. Et wär also kloer, datt dat, realistesch ge-

sinn, nëmme kéinten definitiv Transferte vu souveräne Rechter sinn. Mee dat ass näischt anescht wéi d'Bekanntnis zu engem federale Staat!

*(Interruption)*

Dat ass näischt anescht! An eleng dat ... Mir hate scho virdru gesot, d'Eedesformel wär fir eis schonn e Grond genuch, fir e Referendum ze huelen, ob d'Lëtzebuerger wierklech d'accord sinn, fir dee «Je jure fidélité au Grand-Duc» opzeginn.

**Une voix.**- Jo! Direkt!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Eng zweet Saach ass: Sinn d'Lëtzebuerger wierklech d'accord, fir déi souverän Rechter, „les pouvoirs de l'État“, definitiv un international Institutiounen ofzeginn, wou mer net wëssen ...? An dat ass dee wichteg Punkt, well dat léiert eis d'Geschicht. Virdrun ass Messina als Beispill genannt ginn. Mee d'Geschicht léiert eis, datt den Destin vun esou Institutiounen oder Organisatiounen och onsécher ass per se! Mir wësse jo haut net: Wat ass d'Schicksal vum Euro an zéng Joer? Wéi gesinn déi Tensiounen an der Europäescher Unioun an zéng Joer aus?

**Mme Simone Beissel (DP).**- Säit 65 Joer Friden, ne.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Wéi sinn d'Relatiounen zwëschen Norden a Süden? Wéi si se zwësche Westen an Osten?

**Mme Simone Beissel (DP).**- Säit 65 Joer.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Wéi ass d'Sécherheetslag an Europa? - och eng Fro, déi mer eis haut kënnen stellen.

Dann, den Artikel 33 (3) betrëfft jo d'Iwwersetzung vun europäesche Rechtsin-

mandations, Avis, Actes délégués, Actes d'exécution. Vu wat schwätze mer dann?

Dir schreift eng Verfassung, wou Der sot: „D'Regierung“, formal de Grand-Duc, „hëlt d'Reglementer, fir dat ëmzesetzen.“ Mir hu keng Anung, wéi eng oppen Diere mer hunn. Mir hu keng Anung, wéi de Rôle vun der Chamber an Zukunft ass, wéi d'Kontrollfunktoun vun der Chamber ass, wéi d'Direktive sollen ëmgesat ginn. Nee, nee, dat ass esou. Mir wëssen et net! Dat hei ass e Chèque en blanc. An et riskéiert och, de Pouvoir vun der Chamber méi kleng ze maachen, well et steet néierens eppes anescht.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Här Kartheiser, dat doten ass lächerlech!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Wann een en Text vun enger Verfassung schreift ...

**Mme Simone Beissel (DP).**- Et ass lächerlech an Dir sidd deen Éischten, dee weess, dass et lächerlech ass, wat Der erzielt.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Wann een en Text vun enger Verfassung schreift, dann erënneren ech lech un de Montesquieu, dee seet: ...

*(Interruption)*

**Mme Simone Beissel (DP).**- Nee, lächerlech ass dat doten!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- «On ne peut que toucher à une constitution avec une main tremblante», ...

*(Interruptions et coups de cloche de la présidence)*

... well et weess ee jo net, wat een hei mécht. An hei ass kloer net gewosst, wat

«peuvent émettre des pièces en euros, sous réserve de l'approbation, par la Banque centrale européenne, du volume de l'émission.»

Dat ass jo eeben den Ënnerschied zu de Geldschäiner. Iergendee vu menge Virriedner hat gesot „Geldmünzen a -schäiner“, mee dat ass e fundamentalen Ënnerschied! D'Münzen am Eurosystem sinn national Emissioun, d'Schäiner am Eurosystem sinn Emissioun vun der Europäescher Zentralbank. An dofir, d'Europäescher Zentralbank huet Pouvoir kritt - déi hu mer delegéiert. A bei de Mënzen ass et eng national Emissioun an dofir hu mer selbstverständlech den Droit de battre monnaie, well mir maachen dat.

An der belscher Verfassung steet dat och, «Le roi a le droit de battre monnaie.» Am däitsche Grundgesetz ...

**Mme Simone Beissel (DP).**- Déi ass vun 1831 ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Am däitsche Grundgesetz steet: „Der Bund hat die ausschließliche Gesetz...“

**Mme Simone Beissel (DP).**- Boff!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Déi sinn och Member am Euro, wollt ech lech just soen, déi däitsch Noperen.

**Mme Simone Beissel (DP).**- D'Gesetz vun der Belsch ass vun 1831.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- „Der Bund hat die ausschließliche Gesetzgebung über das Währungs-, Geld- und Münzwesen“ - däitsch Verfassung! Majo, dat ass awer esou. Ech sinn awer frou, datt hei deen een oder aneren eppes bäiléiert. Also, et ass awer esou!



Den Här Fernand Kartheiser (ADR)

strumenter an nationaalt Recht. Dat ass jo dat, wou gesot gëtt ... U sech steet hei, dat ginn ech gär zou: «Le Grand-Duc prend les règlements [...]». Mee mir wëssen alleguer, datt dat d'Regierung ass an deem Kontext. Op jidde Fall, do ginn da Règlementer geholl: «prend les règlements nécessaires pour l'application des actes juridiques de l'Union européenne».

Da freet ee sech natierlech, wann een dat liest: Wéi eng Actes juridiques sinn dat? Dat steet awer net do! Dat steet net do! Dat steet och net am Exposé des motifs. Et steet just do: «Le paragraphe 3 propose d'introduire une disposition destinée à faciliter la mise en œuvre des actes juridiques de l'Union européenne.» Mee „actes juridiques de l'Union européenne“, déi sinn opgezielt an den Traitéen. Wësst Der, wat dat ass, d'Traités européens, no den europäeschen Traitéen, d'Actes juridiques de l'Union européenne: Traités européens, Règlements, Directives, Décisions, Recom-

gemaach gëtt a wat domadder och kënnt.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Et ass onerhéiert, als Ex-Diplomat, dass Dir esou eppes vun lech gitt!

**M. Fred Keup (ADR).**- Nee, et ass richtig!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Den Droit de battre monnaie: Och den Här Mars Di Bartolomeo hat als Rapporteur virdrun ernimmt, datt eis dat jo u sech natierlech net dovun ofhält, och nach d'Bild vum Groussherzog op eng Mënz ze maachen. Mee dat ass alles e bëssen almoudesch an esou weider.

Mee et ass d'Realitéit an Europa! Ech wëll lech hei just den Artikel zitieren aus dem Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne. Dat ass den Artikel, deen eis d'Recht gëtt, fir d'Eurömënzen ze drécken. «Les États membres», schreift den Traité de fonctionnement sur l'Union européenne,

*(Exclamations)*

Et ass den Artikel 128 vum Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne.

*(Interruptions diverses)*

**M. Dan Kersch (LSAP).**- Merci, Här Professer.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo. An dann, wësst Der, wat dat och heescht, wann een den Droit de battre monnaie ofschaaft an enger Verfassung?

**Mme Simone Beissel (DP).**- Här President?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Et gëtt iwwerhaupt kee Grond dofir.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Här President?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Mammad Beissel, wëllt Der eng Fro stellen?



**Mme Simone Beissel (DP).**– Jo, ech wollt lech eppes froen, ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Ma dann, wannechgelift.

**Mme Simone Beissel (DP).**– ... well ech weess, dass Dir alles wësst an dass Der hei ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Jo, merci. Dat ass leider net wouer.

**Mme Simone Beissel (DP).**– ... elo wierklech de Contraire vun deem sot, wat Der wësst. Vu wéini ass d'belsch Verfassung?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Lauschttert, Madamm Beissel, ech maachen hei ...

**Mme Simone Beissel (DP).**– 1831! A si ass net frëschgemaach ginn!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Lauschttert ... Jo, lauschttert ...

**Mme Simone Beissel (DP).**– 1994 si se Federalstaat ginn.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Jo, gutt.

**Mme Simone Beissel (DP).**– Et ass ganz normal, dass den Droit de battre monnaie säit 1831 drasteet wéi bei eis säit 1868.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Hei, d'Auer leeft virun.

**M. Fernand Etgen, *Président*.**– Jo, ech sinn amgaangen.

**Mme Simone Beissel (DP).**– Vu wéini ass déi däitsch Verfassung?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Jo.

**Mme Simone Beissel (DP).**– Här Kartheiser, vu wéini ass déi däitsch Verfassung?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Lauschttert, jo ...

**Mme Simone Beissel (DP).**– 1949! Du war keng Ried vun Euro! Et ass ganz normal, dass dat an deenen alen Texter drasteet!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Jo.

**Mme Simone Beissel (DP).**– Wannechgelift, sot hei de Leit elo net Onwouerechten! Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Elo kommt Dir schonn erëm mat den „Onwouerechten“. Also éischstens, Madamm Beissel: Ech fannen net, dass e Parlament do ass, fir Quizemissionen ze maachen.

(*Exclamations*)

**M. Dan Kersch (LSAP).**– Dat seet grad dee Richtegen!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Dat Zweet, wat ech lech wollt soen, ...

**M. Dan Kersch (LSAP).**– Dir sidd grad dee Richtegen! Dir maacht näischt aneschtters, wéi hei Lektiounen auszedeele.

**M. Sven Clement (Piraten).**– Well Dir verléiere géift!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– ... ass: Ech sinn net hei, fir eise belsche Kolleegen hir Responsabilitéit oder eisen däitsche Kolleegen hir Responsabilitéit iwwer hir Verfassungen ofzehuelen. Si maachen, wéi si dat wëllen. Ech soen lech just, wat an deene Verfassunge steet. A wa si se wëllen änneren, kënnen se se änneren.

Sou, an da wëll ech och soen, dass eist Land muss dat Recht behalen, op wärungs-politesch Krisen ze reagieren. Mir hate jo Erfarunge genuch. Mir hunn x Problemer mam Euro am Abléck, mir haten d'Griechenlandkris. Mir wëssen net, wat nach alles op eis zoukënnt. Mir haten och Erfarungen an der belsch-lëtzebuergescher Wärungs-

unioun, déi eis sollen derzou bréngen, op jidde Fall net op eis eege souverän Rechter an deem Beräich ze verzichten.

Da wëll ech lech nach e puer Saache soen, déi an dësem Kontext awer net onerheeblich sinn. Mir bedauern, dass de Statut vun der Fonction publique an deem neie Verfassungstext geschwächt gëtt. Den Artikel 31, deen elo do ass, dee gëtt dach der Fonction publique wäit méi Rechter wéi déi lapidar Formel, déi elo an den Text kënnt. Hei steet am Artikel 31: «Les fonctionnaires publics», an esou weider, «les membres du Gouvernement exceptés, ne peuvent être privés de leurs fonctions, honneurs et pensions que de la manière déterminée par la loi.» Eng änlech staark Formel, déi feelt an deem neie Verfassungstext. Firwat gëtt dat erausgeholl?

Am État de crise, do hate mer d'Proposition de loi vu mengem Kolleeg Roy Reding, fir kënnen am État de crise Reglementer, déi d'Regierung hält, dem Verfassungsgericht virzeleeën. Ëmmerhin ass eng Diskussioun entstanen an et ass gesot ginn: „Gutt, d'Verwaltungsgericht kann dat kucken.“ Mee et ass net dee selwechte Grad vun Effikassitéit, et ass eng verpasste Chance. Mir hätte kënnen den État de crise hei esou ausgestalten, dass e rechtsstaatlech méi ofgesécher ass. Et ass eng verpasste Chance!

D'Kompetenze vun de Gemengen am Educatiounsberäich hätt ee kënnen loosse. Hei ass d'Intentioun ganz kloer, well et ass net drageschriwwen ginn. Et muss ee sech jo awer wierklech Froe stellen, ob et dann net d'Intentioun ass elo, fir de Gemengen déi Reschtkompetenzen ofzehuelen.

Firwat sinn am Artikel 37 d'Traités secrets ofgeschafft ginn – «Les traités secrets sont abolis» –, am Abléck eng super Saach? Dat kënnt nach vum Éischte Weltkrich hier, vum Woodrow Wilson. Firwat gëtt dat erausgeholl aus enger Verfassung? Et gëtt kee Grond. Firwat gi mer eigentlech hin a mir huelen eppes eraus, wann et eis ka schueden a Zukunft? Well, wann een net seet: «Les traités secrets sont abolis», kënnen der gemaach ginn.

(*Interruption*)

Dat soll een net maachen! Ech hunn also hei probéiert, Här President ...

An ech wëll nach eng Saach soen zu der Trennung vu Kierch a Staat, och e Sujet, wou d'CSV jo e bëssen, wéi gesot, zënter 2015, Problemer domat huet.

Mee ech wëll awer och soen hei: Souwäit ech dat gesinn, ass och den Artikel 21 verschwonnen, «Le mariage civil devra toujours précéder la bénédiction nuptiale.» An dat ass e Problem. Dat ass ageféiert ginn an et ass haut – dat ass och ganz wichteg – notamment eng Schutzdispositioun fir d'Fraen. Dat däerf een net vergiessen. Firwat hält een esou eppes eraus aus engem Text? Fir eis net nozevollzéien!

**Mme Simone Beissel (DP).**– Dat ass scho ganz laang eraus.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Wësst Der, ech hunn lech elo hei eng Rei vun Iwwerleeunge gesot. An ech wëll net ofstreiden, ech hunn dat am Ufank gesot: Et si vill Saachen dran, déi Verbesserung sinn. Awer an eisen Aen ass iwwerhaupt kee Grond do, fir d'Prerogative vum Grand-Duc ze schwächen – kee Grond. Mir wëllen dat net. Mir wëllen och zu eise Eed stoen: «Je jure fidélité au Grand-Duc». Mir wëllen d'Souveränitéit vun eise Land net schwächen a mir hätte gär, an dat ass eist elementaart Recht, ech kommen herno nach dorobber zrëck, dass d'Leit dat Recht hunn, dat hinne versprach gouf. Si sollen iwwer Referendum iwwert dësen Text decidieren an net heibannen an zweeter Liesung!

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix.**– Très bien!

**M. Fernand Etgen, *Président*.**– Merci villmools, Här Kartheiser. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**– Här President, haut diskutiere mer iwwert den zweeten Deel vun der Reform vun der Verfassung. A wann et beim éischten Deel, dee spezifesch iwwert d'Justiz gaangen ass, nach besser méiglech war, la part des choses ze maachen, gëtt et haut hei ganz offensichtlech, wéi hemmend fir d'demokratesch Debatt de Choix vun der Majoritéit an der CSV ass, fir d'Verfassung net als Ganzt ze behandelen, mee se a véier Deeler opzesplécken. Well mir schwätzen iwwert de Staatsbegrëff an d'Organisation vum Staat, mee iwwersprangen haut awer d'Staatsziler, déi an engem aneren Text behandelt ginn.

Mir diskutieren also iwwert d'Organisation vum Staat, ouni eis awer Gedanken ze maachen, wat de Staat soll. Mir schwätzen iwwert d'Regierung, mee loosse den éischte Pouvoir – d'Chamber – awer aus. D'Pouvoiren an d'Aufgabe vun der Regierung stinn awer an enger Verfassung am Verhältnis zu deene vum Parlament an, jee nodeem, zu den direktdemokratesche Matsproocherechter vun den Awunner an Awunnerinnen.

Mir diskutieren haut iwwert d'Gemengen als Basisechelon vun der Demokratie, mee schwätzen awer net iwwert d'Chamber, déi iwwert de gesetzgebende Prozess direkt op d'Gemengepolitik, déi do ze huelend Decisiounen a soumat op de Raum fir d'Entfale vun enger lokaler Demokratie awierkt.

D'Grondrechter, déi an engem nächsten Deel diskutéiert wäerte ginn, sinn an engem Rechtsstaat Deel vum Schutz vu jiddwerengem virun der Willkür vum Staat a kënnen vun de Bierger/innen viru Gericht ageklot ginn. D'Diskussioun ëm dëse fundamentale Volet vun der Verfassung, also d'Reegelen, déi konstitutiv si fir d'Zesummeliewe vun der Bevëlkerung an engem Staat, a wéi d'Anhale vun dëse Rechter soll garantéiert ginn, gëtt iwwer

dräi verschidden Deeg, mat e puer Méint Paus dertëschent, diskutéiert.

**Une voix.**– Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**– De Rechtsstaat haut, d'Verfassungsgericht virun zwee Méint an d'Grondrechter an e puer Wochen. Warscheinlech ass bei kengem vun deene véier Deeler vun dëser Verfassungsreform de Schued esou grouss, deen duerch d'Opspléckung fir d'Debatt entsteet, ewéi bei dësem.

Et ass e bëssen esou, wéi wann een, fir e Menü ze kachen, véiermol géif akafe goen. E Bléck an eng vun den Akafstute verréit engem net, wat dann elo op den Teller wäert kommen. Elo kéint ee soen: „Dat ass jo eng flott Iwwerraschung!“ Mee ech mengen, de Vergläich hält dann awer och schonn op. Well bei der Verfassung sollt ee sech net op Iwwerraschungen aloossen. Et sollt fir jiddereen zougänglich a verständlech sinn a kritesch kënnen diskutéiert ginn.

Ech probéieren, op verschidden Notiounen anzegoen, déi eis besonnesch wichteg sinn an deenen Artikelen, déi elo virleien, respektiv déi aus eiser Siicht am proposéierten Text feelen. Ech maachen dat och ëmmer, andeem ech lech déi virleied Propose mat deem vergläichen, wat an der Revisiounspropos vun déi Lénk drasteet.

Här President, mäin éischte Punkt betrëfft de Staatsbegrëff. Am Text, deen d'Majoritéitspartei mat der CSV ausgeschafft hunn, ass dëse Begrëff éischer schlank gehalen. Lëtzebuerg ass als demokrateschen, fräien, onofhängegen an ondeelbare Staat definiert, deen als Staatsform d'konstitutionnell Monarchie an als politesche Regimm d'parlamentaresch Demokratie huet.

De Rechtsstaat gëtt eng alleréischte Kéier an d'Verfassung ageschriwwen, wat mir natierlech begreissen. Mee dës Neierung ass iwwerfällg, well de Rechtsstaatsprinzip jo och net eréischt rezent zur Norm ginn ass.

De Verweis op d'Mënscherechter gëtt dem Rechtsstaatsbegrëff eng Ausrichtung, wat mat deem „Recht“ gemengt ass. Mee wéi eng Mënscherechter hei gemengt sinn, gëtt net spezifizéiert.

An de Kapitelen iwwert d'Grondrechter an d'Fräiheete ginn der deelweis genannt, mee dëse Choix ass awer limitéiert. Mir kommen an enger kommender Debatt méi genee dorobber ze schwätzen. Mee am Kontext vum Deel 2 vun der Propos ass ze soen, dass eis de Rechtsstaatsprinzip ze schwammeg an net staark genuch an engem räichen a fortschrëttleche Verständnis vu Mënscherechter verankert ass.

De Staatsbegrëff ass also schlank, op e Minimum reduzéiert an aus eiser Siicht net op der Héicht vun der Zäit. E passt bei e Gesellschaftsbild, dat vun der ekonomescher Sphär dominéiert ass a wou dat Politescht reduzéiert ass op d'Setze vu Kadere fir déi fräi Entwécklung vun der Wirtschaft an engem sougenannte „fräie“ Marché.

An der Verfassungspropos vun déi Lénk vertrieed mir en anert Gesellschaftsbild, dass dat Politescht, also d'Spillreegele fir d'Zesummeliewen an enger demokratescher Gesellschaft, méi staark ausbaut an dëst an der Verfassung wëllt verankeren. Ech maachen dat un e puer Punkte fest.

De Sozialstaat kënnt bei eis als konstitutivt Merkmal an d'Definitioun vum Lëtzebuerger Staat mat eran. Wéi eng Rechter mam Sozialstaat verbonne sinn, hu mir a eiser Propos och entwéckelt. Ech nennen hei d'Recht op eng anstänneg Wunneng oder och de Schutz virun Aarmut a sozialer Ausgrenzung. Hei läit also en éischte groussen Ënnerschied zu der Propos vum Majoritéit an CSV.

De Sozialstaat ass iwwert d'Verfassung ofgesécher a kann domadder net vu wieselnde Majoritéiten a Fro gestallt ginn. Sozial Rechter si garantéiert a kënnen vun de Bierger/innen ageklot ginn, bei engem Verfassungsgericht, dat de Bierger/innen och deen dofir néidegen Zougang bitt. Mir hunn dat am November beim éischten Deel schonn erkläert. De Sozialstaat ass fir eis déi néideg Grondlag fir de Bestand vu ville Grondrechter a Fräiheeten am Verfassungstext. De Schutz vun der mënschlecher Wärd ass fir eis ouni de Schutz virun Aarmut net denkbar.

Dës Approche an eiser Propos berout och op der Ausernanersetzung mat der Fro: Wat soll de Staat? Eis geet et net duer, just ze beschreiben, wat de Staat ass, mee och, firwat et e gëtt.

An der BBC-Serie aus den 80er-Joren „Yes Minister“ stellt de Minister, wéi esou oft e bëssen naiv, an engem berüünten Echange mam Chef vun der Administratioun a sengem Ministère d'Fro: “What is the ultimate purpose of government, if it isn't for doing good?” D'Äntwert vum Fonctionnaire, dem Sir Humphrey Appleby, war et ze soen, dass d'Aufgab vum Regéiere just dora besteet, de Chaos ze verhënneren. Hie bezitt sech also op de schlanke Staat.

Eiser Meenung no ass de Staat, sinn d'Institutionen am Staat, duerch déi de politesche Pouvoir ausgeübt gëtt, net just dofir do, d'Uerdnung ze halen, woubäi ee sech jo déi berechtigt Fro stelle muss, wéi eng Uerdnung dat dann ass a wéi engen Interessien dës Uerdnung an d'Kaarte spillt.

Nee, de Staat a seng Institutionen sinn och dem Gudde verpflichtet. Dofir hu mir net just de Sozialstaat, mee och déi demokratesch Matbestëmmung, nohaltig Entwécklung an den Ëmweltschutz an eng méi inhaltsräich Definitioun vum Staat am éischte Kapitel mat aflësse gelooss.

Och den Asaz fir Friden an Ofrëschtung, fir Vëlkeverstännegung a Kooperatioun iwwert d'Grenzen eraus gesi mir als konstitutiv fir dëse Staatsbegrëff an als zentral Ziler, déi de Lëtzebuerger Staat auszeechne sollen.

Dorunner uknäppend wéilt ech als zweete Punkt op d'Fro agoen, wien d'Muecht am Staat Lëtzebuerg ausübt. An der Propos vun der Majoritéit an der CSV läit d'Souveränitéit an der Natioun. De Begrëff vun der „Natioun“ gëtt et a ville Verfassungstexten, oft gëtt och de Begrëff vum „Volk“, „le peuple“, benotzt. Während eng Souveränitéit an der Natioun bedeit, dass d'Souveränitéit ausgeet vun den Awunner, déi déi lëtzebuergesch Nationalitéit hunn, kann de Begrëff vum „Volk“ och méi breed ausgeluecht ginn an all déi Leit ëmfaassen, déi sech als Bierger/innen um politesche Prozess an un der Ausübung vun der Souveränitéit bedeelegen. Dëse Begrëff ass also méi korrekt, well e sech direkt op d'Rechter bezitt.

De Grondproblem zu Lëtzebuerg ass awer, dass d'Zuel vun de Leit, déi déi politesche Rechter a vollem Ëmfang hunn, immens beschränkt ass. Hei vum „peuple“ ze schwätzen, wier net opschlüsslech. Et si knapp 50 % vun den Awunner/innen vum







D'Madamm Myriam Cecchetti (déi Lénk)

Land, déi dat vollt aktiivt a passiivt Walrecht hunn. Mat der Demokratie ass awer eng Gesellschaftsform gemengt, an där d'Gesetzter vun deenejéinege gemaach ginn, op déi dës Gesetzter ugewannt ginn. D'Gesetzter betreffen 100 % vun de Leit, minus Mannerjäreger am Prinzip, esou steet et och an der Verfassung, a sinn awer vun engem Parlament gestëmmt, dat sech zesummesetzt opgrond vun enger Wal, un där d'Hallschent vun den Awunner/innen net deelhuefen däerf.

Trotz dem Ausgang vum Referendum am Joer 2015, wou d'Wieler an d'Wielerinne gefrot goufen, fir dëst Walrecht fir d'Chamber op all d'Awunner/innen ab 16 Joer no enger Residenzdauer vu fënnf Joer auszeweizen, bleiwen déi Lénk awer weiderhi bei der Positioun, déi mir och schonn an der Campagne fir dëse Referendum verdeedegt hunn: All Lëtzebuurger a Lëtzebuergin ab 16 Joer huet dat vollmäfänglecht Walrecht an all Resident, deen d'Lëtzebuergesch Nationalitéit net huet, soll sech no engem Delai vu fënnf Joer op d'Wielerlëscht kënnen androen. Ab deem Moment, wou sech e Resident andréit, gëllt dann och fir hien oder fir si d'Walflicht.

D'Bierger/inne sollen an der Propos vun déi Lénk also onofhängeg vun der Nationalitéit déi vollstänneg politesch Rechter kënnen kréien. Domadder kéint d'Wielerschaft vergréissert an d'Chamber méi representativ fir d'Villfalt vun der Bevëlkerung am Land ginn. D'Legitimitéit vun der Chamber als representativ Institutioun géif doduerjer och massiv gestärkt ginn.

Eng lieweg Demokratie realiséiert sech fir eis awer net nëmmen iwwert d'Walrecht, dat d'Awunner an d'Awunnerinnen all fënnf Joer bei der Wal fir d'Chamber oder de Gemengerot decidéiere léisst.

De franséische Philosoph Jean-Jacques Rousseau huet am 18. Joerhonnert geschrriwwen, datt de Bierger mam Vott bei enger Wal seng Souveränitéit géif opginn, woumat gemengt ass, datt e se dann un e Representant delegéiert. Domadder ass d'Fro gestallt, ob d'Bierger/innen och ausserhalb vun enger Wal reell Matbestimmungsméiglechkeeten hunn an op de gesetzgeberesche Prozess awierke kënnen. Mir mengen, datt dës Méiglechkeeten net gi sinn, an hunn dowéinst an eiser Propos der representativer parlamentarescher Demokratie eng direkt demokratesch Matbestimmung un d'Säit gestallt. Ech ginn elo net am Detail dorobber an, wat den nationalen Niveau ueget, well mir dat an engem aneren Deel iwwert d'Chamber méi am Detail wäerten erklären.

Här President, wéi schonn ugeschwat, hu mir op Gemengenniveau schonn d'Awunnerwalrecht ab 18 fir all Resident (veuillez lire: fir all Resident mat net Lëtzebuurger Nationalitéit, dee säit fënnf Joer am Land leeft) an ab den nächste Gemengewalen dann hoffentlech, wann iwwert de Projet de loi 7877 ofgestëmmt gëtt, fir jiddereen,

dee sechs Méint an der Gemeng wunnt a sech op d'Wielerlëscht aschreift. D'demokratesch Institutionen um lokalen Niveau sinn also op enger méi breeder Basis wéi déi um nationalen Niveau.

D'Wichtigkeet vun de Gemengen an der lokaler Demokratie gëtt an der Propos vun déi Lénk duerch de Positionnement vum Kapitel iwwert d'Gemengen ennerstrach. Dëst kënnt direkt am Ufank no deem vun der Chamber.

Mir hunn eis och mat der Fro beschäftegt, wéi d'demokratesch Matbestimmung um lokale Plang kann ausgebaut ginn iwwert de representative Charakter vum Gemengerot eraus. Zweek wichteg Punkte wëilt ech dozou kuerz uschwätzen. Éischstens wëlte mir d'Gemengekommissionen an d'Verfassung ophuelen an zugläich virschloen, datt dës Kommissionen net just aus Parteivertrieeder/inne bestinn, mee och aus Leit aus der Zivillgesellschaft. Zweetens gesäit eis Textpropos dann och e verpflichtende Referendum vir op Gemengenniveau, wann 20 % vun de Bierger/innen dëst fuerderen.

Mir hunn an eise Text och eng Nuance bei de Finanzen an der Autonomie communale dran. Hei beschränke mir eis net op d'Aufgaben, déi d'Gemenge per Gesetz hunn. Mir soen och, datt se fir d'Liewensqualitéit an d'Bereetstellung um ëffentleche Service zoustänneg sinn.

Här President, zum Ofschloss vu menger Ried kommen ech nach op e villdiskutéierte Punkt aus eiser Verfassungspropos ze schwätzen, nämlech d'Staatsform.

All meng Erklärungen iwwert d'Verbreedierung an d'Verdeiwung vun der Demokratie op nationalem wéi op lokalem Plang, vun der Stärkung vun de Rechter vun de Leit an dem rechtsstaatleche Prinzip, deen derfir suerge soll, datt dës Rechter vun de Leit och tatsächlech garantéiert sinn, all dës Propose stinn am Géigesaz zu der Monarchie als Staatsform.

Natierlech befanne mir eis mat der Verfassung vun haut an dem Text vun der Majoritéit an der CSV net méi am Kader vun enger Monarchie, an där en allmächtigen Herrscher willkürlech regéiere kann. D'Roll vum Grand-Duc ass an der Praxis eng éischter representativ. Mee d'Verfassungspropos, déi haut hei um Dësch läit, gesäit Prerogative fir de Staatschef vir, déi an eisen Aen net konform si mat engem demokratesche Rechtsstaat, well en übt zesumme mat der Regierung d'Exekutiv aus. E kann den Ausnahmezustand fir zéng Deeg ausrufen, wa bestëmmte Bedingungen erfëllt sinn, a soumadder d'Legislativ, also d'Chamber, ganz einfach fir dës Zäit ausser Kraaft setzen. E ka Peinë vu Gerichter reduzéieren oder noloossen an ennersteet dem Gesetz selwer awer prinzipiell net. En huet also eng ausseruerdentlech Stellung am an ausserhalb vum Rechtsstaat.

Mir sinn eis selbstverständlech bewosst, datt d'Ofschaf vum der konstitutioneller Monarchie net bedeit, datt d'Demokratie automatesch e grouse qualitative Sprong géif maachen. Dofir ginn et vill an aner Hiewelen an ech hunn der jo och schonn eng Rei genannt wéi d'Ausweitung vum Walrecht an d'direkt demokratesch Matbestimmung.

**Une voix.-** Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Anerer hunn ech nach net genannt wéi d'Demokratie op a ronderëm d'Aarbecht, déi an enger kapitalistescher Wirtschaft, déi op de Profit getrimmt ass, och wuel héchstens an de Kannerschong ka bleiwen.

Mee d'Monarchie als Iwwerbleibsel vum Ancien Régime gehéiert an eisen Aen net an eng modern Demokratie vum 21. Joerhonnert. Och net a Fro kënnt fir déi Lénk e staarke President oder eng staark Presidentin, déi, wéi a Frankräich, eng Schwächung vum Parlament an eng Stärkung vun der Exekutiv bedeite géif. An eiser Konzeptioun soll Lëtzebuerg e President respektiv eng Presidentin hunn, an dat à tour de rôle. Vun dësem Amt soll awer keng reell Muecht ausgeen, mee et soll eng representativ a formal Aufgab beinhalten.

An hei schléisst sech de Krees an ech kommen zréck op den Ausgang vu menger Ried an d'Fro, wat de Lëtzebuurger Staat ass oder kéint sinn. Ech zitieren elo ganz einfach deen éischten Artikel aus der Verfassungspropos vun déi Lénk: «Le Luxembourg est un État de droit démocratique, social, laïque, indépendant, indivisible, fondé sur le pouvoir des citoyennes et des citoyens, la séparation des pouvoirs législatif, exécutif et judiciaire, la protection des droits et libertés fondamentaux, l'égalité. Il porte la dénomination: "République du Luxembourg".»

Ech hoffen, datt ech elo kloer genuch fir d'CSV gemaach hunn, fir wat déi Lénk steet. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Cecchetti.

(Interruption par M. Léon Gloden)

An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als basisdemokratesch Partei hu mer an de vergaangene Méint eise Memberen eng ganz Rei Dossier zum Vott virgeluecht, net nëmmen iwwert d'Fro vun der Impfflicht, iwwert déi mer d'lescht Woch hu missen diskutieren, mee och iwwer all Kapitel, an zwar all eenzelt Kapitel, vun der Verfassungsreform hu mer ofstëmme gelooss.

Eigentlech hätte mer eis jo gewënscht, datt d'Regierung an d'CSV hiert Wuert géifen

halen an e Referendum géifen organiséieren. Mee brief, dat ass jo leider net geschitt. An esou hu mer decidéiert, dann zumindest eise Memberen awer eng Stëmm ze ginn.

A jo, just well kee Referendum ass, heescht et net, wéi d'Kolleeginne vun déi Lénk haut bei der Gëlle Fra demonstréiert hunn, datt eis Demokratie begruewe gi wär. An ech muss ganz éierlech soen, och hei op der Tribün, datt ech et de très mauvais goût fannen, fir op deem Monument fir Krichsdoudeger mussen d'Demokratie wëllen ze begruewen, virun allem, well ee sech domat e Langage zu eege mécht, deen an deene leschte Wochen definitiv ausserparlamentaresch wéi innerparlamentaresch fir méi wéi nëmmen e bëssen Opreegung gesuergt huet. Wie mengt, datt mam Vott, mam demokratesche Vott vun enger Verfassung, d'Demokratie géif begruewe ginn, ma deen huet net verstanen, wat Demokratie ass, léif Kolleeginnen a Kolleegen!

**Une voix.-** Très bien!

**M. Sven Clement (Piraten).** - Mir kënnen viles kritiséieren. Mir kënnen kritiséieren, datt d'Leit net gutt genuch informéiert gi sinn. Mir kënnen kritiséieren, datt déi Broschür, déi d'Chamber erausginn huet, net wierklech den Text vun der Verfassung erëmginnt huet. Also, ganz éierlech, hätt ee mech gefrot, ech hätt lech gesot: „Ma da schreift wéinstens den Text vun der Verfassung dran!“ Mir maachen eng schéi Broschür, déi mer jiddwerengem an d'Haus schécken, wou mer op Froen äntweren, déi keen opgeworf huet, mee mir liwweren den Text net mat.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mee et ass definitiv sou, datt mer hei schlecht informéiert hunn! Et soll kee mer soen, datt déi Broschür eng gutt Informatioun fir d'Leit dobausse gewiescht wär iwwert dat, wat am Text steet. Deelweis stinn Encadréen do, wou nëmmen driwwer geschwat gëtt, wat net am Text steet.

Mee wa mer wëllen de Leit dobausse vertrauen, da schécke mer hinnen den Text, dee se iwwregens och op chamber.lu kënnen kucken, an dann hu mer vollstent Vertrauen dran, datt d'Wielerinnen an d'Wieler deen Text och richtig verstinn. An ech sinn der fester Iwwerzeugung, datt d'Leit, wa se sech mat engem Text befaassen, deen och majoritär esou wäerte verstoen, wéi d'Majoritéit hei an der Chamber dat och gemaach huet - mee och dat: eng verpasste Chance!

Ech hu virdru vum Referendum geschwat. Do kéint ee ganz vill driwwer schwätzen. An an deem heiten Text, do geet et jo och ëm d'Verfassungsännerungen, wou u sech déi nämmlecht Dispositiounen iwwerholl gi wéi virdru. De grouse Problem ass awer net d'Verfassung. A wann iergendeen elo seet: „Majo, mir wëlle gären e Referendum iwwert d'Verfassung“ - an nach eng kéier, ech sinn absolutt op där Säit -, dann ass et net d'Verfassung, déi et schwéier mécht, fir esou e Referendum erbäizeféieren, dann ass et d'Gesetz, nämlech d'Walgesetz, wat dee Referendum encadréiere soll, wat et schwéier mécht, well et absolutt aus dem leschte Joerdausend ass, wou mer nach vun analogen Ennerschrëften op de Gemenge schwätzen, op nominative Lëschten.

Also, éischstens emol, dateschutztechnesch war et absolutt e Skandal, wéi déi Lëschten deelweis do auslouchen. Zweetens, vun de Leit ze erwaarden, op eng Gemeng ze pilgeren, fir do eng Ennerschrëft ze ginn, an Zäiten, wou mer vun Digital Lëtzebuerg schwätzen - bon, brief, et kann een net ëmmer béides hunn! Wann ee wëllt modern sinn, da soll een dat duerchdenken an et soll een et konsequent maachen. An da muss een och eng digital Ennerschrëft kënnen maachen, fir e Referendum ze fuerderen. Well domadder hu mer och explizitt jiddwereen ausgeschloss, deen net zu Lëtzebuerg leeft, obwuel en déi lëtzebuergesch Nationalitéit huet. Si si wuel schéin a gutt fir eis Zuelen, eis Statistiken

ze booster, mee wann et drëm geet, matzebestëmmen, da muss se sech op Lëtzebuerg deplacéieren. Alles verpasste Chancen!

**Une voix.-** Très bien!

**M. Sven Clement (Piraten).** - An dat Argument, datt ee vun de Leit jo awer e gewëssent Engagement - Zitat Mars Di Bartolomeo - kéint verlaangen, iwwerzeegt mech do net. A mengen Ae muss d'Politik an enger Demokratie no un de Biergerinnen a Bierger sinn, soudatt se jiddwereen, dee gäre matmaache wëllt, op einfachen a kuerze Weeër matabezitt.

Wat geschitt, wann een d'Prozeduren esou komplizéiert mécht, datt just déi, déi wierklech radikal géint eppes sinn, sech nach investéieren, gesi mer jo aktuell. Dann héiert ee virun allem just nach déi mat de méi haarde Stëmmen. Da verléiert een d'Participatioun vun all de gemäsegte Biergerinnen a Bierger, déi sech vläicht gäre géifen abréngen, mee nieft Aarbecht a Famill net méi d'Zäit hunn a sech eigentlech och net esou richtig trauen, op eng Gemeng ze goen an do no engem Ennerschrëftebou ze froen, well et soll jo kee mengen, si géifen och zu „deenen do“ gehéieren, déi just jäizen.

**Une voix.-** Très bien!

**M. Sven Clement (Piraten).** - Firwat soll politesch Participatioun beschwéierlech sinn? Misst se net au contraire esou einfach wéi méiglech sinn a vläicht souguer Spaass maachen? D'Politik bedauert jo gären, datt d'Leit sech net méi a Parteien engagéieren wëllen an och sëmmer méi politik- oder soll ee soe „participativverdrossen“? - ginn. Ma ech mengen, doriwwer muss ee sech dann awer och net wonneren, wann een et de Leit bewosst net wëllt méi einfach maachen ze participéieren.

Mir gesinn hei also definitiv eng verpasste Chance fir d'Moderniséierung an ech ginn d'Hoffnung net op, datt mer dee Gesetzes-text awer nach eng kéier kënnen upassen, datt d'Verfassung och géif eng digital Ennerschrëftesammlung erméiglechen; et muss ee just d'Gesetz upassen.

Mee ech hunn elo mat vill Kritik ugefaangen. Dat soll awer net heeschen, datt mer dem Text näischt Guddes ofgewanne kënnen, ganz au contraire. Maacht lech keng Suergeren, Här Cruchten, ech hunn nach genuch Zäit, fir och déi gutt Punkten ze belichten.

**M. Yves Cruchten (LSAP).** - Dir hutt nach net iwwert den Text geschwat.

**M. Sven Clement (Piraten).** - Ben, ech hunn iwwert d'Form geschwat, wéi den Text verabschit gëtt. Ech mengen, datt dat och an deem heiten Debat immens wichtig ass.

Et gi ganz vill wichteg Saachen ugepasst an ausformuléiert, déi fir eng modern Verfassung zentral sinn an eis och ganz wichtig sinn. Ganz positiv zum Beispill ass, datt d'Berufskummeren an domat de Sozialdialog hir Plaz an dëser Verfassung kréien. Och wann den Dialog an der Realitéit heiansdo bei gewëssen Theemen ze wënschen iwwreg léisst, esou ass et dach awer en éischten a ganz wichtige Schrëtt, de Kummeren hir Existenzberechtigung direkt an eise Contrat sociétal, deen eis Verfassung ass, ze verankeren.

Ganz positiv ass och, datt d'Verhältnistëscht dem Staat an de Reliounsgemeinschaften gekläert a keng Relioun méi favoriséiert gëtt. Mir liewen an engem pluralistesche Land an duerfir ass et wichtig, datt och eis Verfassung festhält, datt méi Reliounen hei am Land eng Plaz kënnen hu wéi nëmmen eng, geneesou wéi och vill Sproochen an eise Land zum ëffentlechen Debat derzougéieren.

Grad wat d'Sproche betrëfft, hätte mer eis duerfir och gewënscht, datt hei scho



méi eng Ouverture gemaach gi wär, fir d'Sproche vu Lëtzebuerg iwwert dat Lëtzebuergesch, Däitscht an d'Franséischt eraus och nach duerch, firwat net, Englesch ze ergänzen. Mir wëssen, wéi vill Leit aus anere Länner alljoers hei op Lëtzebuerg wunne kommen. A vill vun hinne schwätze keng vun eisen Amtssproochen a kommen awer ganz gutt mam Engleschen hei am Land zurecht.

Mir fannen et ganz gutt, datt Lëtzebuergesch als Landessprooch an der Verfassung festgehalé gëtt, als Primus inter pares. Mee doriwwer eraus hätt ee sech awer misse iwwerleeën, ob d'Englescht net an der Lëscht vun den administrative Sproochen hätt sollen, hätt kënne derbäigesat ginn, fir déi Leit, déi eeben net Däitsch, Lëtzebuergesch oder Franséischt schwätzen an déi awer vläicht ganz motivéiert sinn, Lëtzebuergesch ze léieren - mee dat geet awer net vun haut op muer -, och mat u Bord ze huelen.

An doriwwer, Lëtzebuergesch léieren ze wëllen: Mir verankeren elo Lëtzebuergesch an der Verfassung, mir stäerken et an der Verfassung; eppes, wat eis absolutt Ënnerstëtzung fënnt, mee da musse mer awer och eppes derfir maachen, datt um Terrain déi Verankerung och mat Liewe gefëllt gëtt. Da musse mer d'Offer un zer-

datt mer ni esou wäit kommen. Mee wéi dat genee soll goen, ass net gereegelt, genesou wéineg iwwregens wéi d'Regierungsbildung no enger Wal.

Dës onnéideg Lück hätt een an eisen Ae kënne zoumaachen. Wa mer schonn esou ëmfaassend Verfassungsrevisiounen maache wéi déi hei virleiend, dann hätt ee sech och esou Onsécherheete vu virera kënne aus dem Wee schafen. Mee eis hënnert jo wierklech keen drun, dat nach an Zukunft ze maachen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng lescht grouss Serie vun Ännerunge betrëfft dann de Grand-Duc. Lëtzebuerg bleift eng constitutionnel Monarchie an de Grand-Duc behält och eng ganz Rei Pouvoiren. Warscheinlech behält de Grand-Duc och weiderhi säi Panneau, deen ëmmer op eis kuckt, wa mer hei Rieden halen - respektiv mir op hien. Iwwregens - fir déi Leit, déi net de Pleséier hunn, hei an der Chamber ze sëtzen, mee dat vun dobaussen éischter suivéieren -: Et huet een heiansdo d'Gefill, datt de Grand-Duc e gutt Stéck méi grouss op deem Bild ass wéi eis Regierungsmemberen am Liewen, esoudatt een u sech de Grand-Duc awer nach ëmmer grouss gesäit. Ech hunn also keng ...

**Une voix.** - Et ass jo e „grand Duc“.

Wie weess! Wann Der e Geheimrezept hutt, sot mer et.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Ech probéieren et fir d'éischt bei lech aus!

(Hilarité)

**M. Sven Clement (Piraten).** - Eng Prozedur, fir de Grand-Duc ofzesetzen, gouf et schonn. Si war just an engem Familljepakt festgeschriwwen, e Familljepakt, deen a mengen Aen net soll Verfassungsrang hunn. An dofir ass et wichteg, datt mer dat elo kloer demokratesch reegelen. Dës Verfassung gëtt méi transparent doduerjer, datt mer net méi op e Familljepakt verweisen, mee et selwer an der Verfassung reegelen.

An, jo, och d'Ofännerung vum klassischen Eed «Je jure fidélité au Grand-Duc» ass eppes, wat mir, anescht wéi e puer anerer heibannen, net bedauern. Well wa mer ganz éierlech sinn, dann ass dat dach en Eed, deen zum Beispill eng wierklech onofhängeg Chamber eigentlech onméiglech géif maachen. E Beispill dofir hu mer elo grad gesinn: Meng Virriednerin huet gesot, datt se u sech am léifsten eng Republik hätt. Dat ass jo u sech schonn un der Ofsetzung vum Grand-Duc geschafft.

ganz Rei vu wichtige Verbesserungen, obwuel een op gewëssene Plazen, wéi ëmmer, nach eppes hätt kënne dréien, besser maachen, méi wäit kënne goen. Mee mir wëssen: Dësen Text ass d'Resultat vu laangen Diskussiounen an nach vill, vill, vill, vill méi Kompromësser. An dofir kënne mer eis awer duerchaus zefridde weise mam Resultat.

Wéi scho gesot, hu mir Piraten eis Member mat entscheede gelooss, ob si dës Verfassungsännerungen unhuele wëllen. A si sinn zur nammlecher Konklusioun komm wéi de Marc Goergen an ech, nämlech kloer véiermol Jo ze soen. Dofir wäerte mer dann och dës Block mat Jo stëmmen.

Ech soen lech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten (LSAP).** - Merci, Här President. An ech entschëllege mech bei de Kolleegen, dass ech mech elo eréischt am Laf vun der Debatt ageschriwwen hunn. Ech hat net wëlles gehat, grouss ze intervenéieren, well ech wouss, dass de Rapporten exzellente Rapport géif presentéieren, wou alleguerten d'Fakte kloer sinn. Ech wëll och dofir net op de Contenu vun dësem Deel vun der Verfassungsreform agoen, mee e puer méi generell Saache lassginn, déi ech awer gäre gehat hätt, dass se haut an der Debatt gesot ginn.

Ech wëll fir d'alleréischt emol soen, dass mer déi Verfassung hei net mat enger ziddreger Hand upaken, mee mat enger ganz roueger Hand, well mer och e rouegt Gewëssen hunn, e gutt Gewëssen, dass dat, wat mer hei maachen, richtig ass an dass dat gutt ass fir eist Lëtzeburger Land.

D'Verfassung kënnt, an dat hunn der ganz vill scho gesot, mat dëser Reform am 21. Joerhonnert un. An ech wëll och gären all de Riedner, déi haut d'Wuert ergraff hunn, Merci soe fir eng gutt Diskussioun, déi mer hei geféiert hunn.

An et ass och gutt, dass all déi Leit, déi haut dem Mars Di Bartolomeo an dem Simone Beissel nogelauschert hunn, awer och dem Charles Margue, der Madamm Cecchetti, dem Här Clement, ...

**Une voix.** - Dem Här Léon Gloden,

**M. Yves Cruchten (LSAP).** - ... dass ...

(Brouhaha)

... - an dem Här Gloden, entschëllegt, ech hat dee souguer als Éischten hei stoen -, spéitstens elo hunn all déi Leit matkritt, dass an dëser Reform keng Grujelegkeeten drastinn, mee lauter Dispositiounen, déi Sënn maachen.

Et ass gutt, dass mer bei dëser Verfassung, an deem ganze Prozess eng Lëtzeburger Stärkt, eng Lëtzeburger Qualitéit gewisen hunn, nämlech déi, fir Kompromësser ze fannen, fir Konsens ze sichen ënnereneen, och wann eis heiansdo politesch Grief trennen. Mee wann et ëm d'Lëtzeburger Land geet, da fanne mer ëmmer dee Konsens, deen néideg ass.

Et dierf een elo awer mat där enger oder anerer Dispositioun net averstane sinn, net d'accord sinn, et dierf ee vläicht bei engem Punkt eng aner Proposition maachen, ma selbstverständlech. An dofir ass et och ze respektéieren, dass d'Kolleeginne vun déi Lénk eng eegen Textpropos gemaach hunn.

Net ze respektéieren awer ass, wa Schaueremärcher, falsch Norichten, verdreite Wourechte verzaapt gi mat engem eenzege Zweck: Stëmmung ze maache géint jiddwereen, am Fong géint alles, an dat

mat där eenzeger Hoffnung, politesch Kapital draus ze schloen.

Mir schwächen net de Grand-Duc oder d'Monarchie. Mir féieren och net iwwer eng Hannerdier d'Awunnerwalrecht an. Mir huele kengem seng Kaz an och kengem säi Goldfësch ewech. Mir féiere keng Zwangsimpfungen fir d'Kanner an a mir schwächen och net eis Familljen. Mee mir passen eis Verfassung un d'Realitéit vun de Lëtzeburgerinnen a Lëtzeburger u, a vun all deenen, déi hei mat eis wunnen, liewen a schaffen an déi all en Deel vun deem Land hei sinn.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Yves Cruchten (LSAP).** - An dofir ass et gutt, dass all d'Tentativen, fir déi Reform hei ze sabotéieren, e Fiasko waren. Et ass gutt, dass déi allermeeschte Leit hei am Land den Agitateuren net op de Laim gaangen sinn, mee erkannt hunn, dass hei lauter Ännerunge kommen, deenen de Bon sens zugronn läit.

Schwaarz op wäiss ka jiddweree sech der-vunner iwwerzeege mat där Broschür, déi dëser Deeg vun der Chamber verdeelt gëtt an déi a méi Sproochen einfach a kloer erkläert, wat mer hei maachen. A wa mer just den Text verdeelt hätt vun der Reform, dann hätt mer haut de Reproche gemaach kritt, dat géif jo souwisou just e Spezialist verstoen.

D'LSAP steet zu där exzellenter Aarbecht, déi hei an deene leschte 15 Joer zesumme gemaach gouf. Dat Resultat, wat mer elo kennen, d'Kapitel Justiz an och d'Kapitel vun haut, ass net an der Hexekichen oder „im stillen Kämmerlein“ entstanen, mee an engem transparenten a participativen Prozess, an dat iwwer Joren.

D'LSAP steet zu där Verfassung hei an zu engem Lëtzebuerg, dat prett ass fir d'21. Joerhonnert an doriwwer eraus. A wéi ëmmer wëllt d'LSAP d'Leit zesummebréngen, och an dëser Fro vun der Lëtzeburger Verfassung. A mir wieren eis iwwerall an ëmmer erëm géint all déi, déi d'Gesellschaft wëlle splécken an d'Leit ausenanerdréien.

Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Cruchten. Ageschriwwen huet sech dann den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Ech wäert och, une fois n'est pas coutume, ganz kuerz kënne sinn.

**Une voix.** - O! O! O! O! O!

**Une autre voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Ech wollt just insistéieren, dass, genee wéi beim viregte Kapitel, mer et bei dësem Kapitel mat enger kollektiver Aarbecht ze dinn hunn, mat enger ganz gudder kollektiver Aarbecht an der Kommissioun, an Zesummenaarbecht mat de Force-viven dobaussen. Ech wiere mech also dergéint, dass een hei elo seet: „Deen een, deen ass ënnert de Rouleau compresseur komm, an deen aneren, dee ka jubelen.“ Hei sollt jiddweree sech dran erëmfannen! A virun allem sollen d'Leit dobausse sech dran erëmfannen, well et dat Gesellschaftsbild vun haut a muer soll erëmispigelen.

Also merci fir déi kollektiv Aarbecht. Ech soen och jiddwerengem Merci, dass e sech net ausenanerdividéiere gelooss huet. Dat wär méi einfach gewiescht. Mee eng Verfassungsdiskussioun mécht een zesummen oder et mécht ee se guer net!

**Une voix.** - Très bien!



Den Här Sven Clement (Piraten)

tifiéierte Sproochecoursen, u qualitativ héichwäertige Sproochecoursë stäerken, ausbauen a virun allem bei deene Coursen, déi et scho gëtt, och eng Qualitéitskontroll maachen, well och dat ass net iwwerall ginn. Hei mussen also och nach Progrès gemaach ginn a Sonndesriede respektiv eppes an der Verfassung ze verankeren, geet net duer.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng weider wichteg Ännerung, déi dësen Text proposéiert, ass d'Afféierung vun der Vertrauensfro - oder de „Mësstrauensvott“, wéi en ëmgangssproochlech éischter genannt gëtt. D'Méiglechkeet vum Parlament, e Mësstrauensvott ze maachen, an déi entspriechend Méiglechkeet vun der Regierung, fir dann och ëmgekeert eng Vertrauensfro ze stellen, si wichteg demokratesch Outilen, déi mer jo och schonn aus dem Ausland kennen. Et ass wichteg, datt een an enger Verfassung kloer virgesäit, wat geschitt, wa sech Majoritéite während enger Legislatur verschiben. An duerfir begrëisse mer dës Adaptatioun.

Mir hätten eis hei allerdéngs gewënscht, datt och méi genee gekläert gi wär, wéi d'Regierungsbildung ofleeft. Well wat geschitt dann zum Beispill, wann d'Vertrauensfro gestallt gëtt an d'Chamber d'Vertrauen entzitt? Da kann et entweder Neiwale ginn oder et bilt sech eng nei Majoritéit. Falls sech eng nei Majoritéit fënnt, kéint ouni Neiwale vum Grand-Duc eng nei Regierung agesat ginn - kéint! Mir kéinten awer och erëm an eng Situatioun komme vun engem gewëssene Vide oder vun enger institutioneller Kris. Hoffe mer,

**M. Sven Clement (Piraten).** - Et ass e „grand Duc“, et ass ...

(Interruption et hilarité)

Mir kéinten elo natierlech kucken, wéi e bekannte Comic hei zu Lëtzebuerg mat Monarchen ëmgeet. Mee ech loossen dat elo mol op der Säit.

Et ass nämlech och wichteg fir eis, an ech mengen, dat ass kloer: Mir bleiwen e Grand-Duché. Mir bleiwen e Grand-Duché, awer mat deenen néidegen Aschränkungen, déi fir eng staark Demokratie néideg sinn.

Esou gëtt zum Beispill eng Ofsetzungsprozedur an d'Verfassung geschriwwen, déi verhënnere kann, datt e Grand-Duc, dee seng Muecht géif mësbrauchten, onkontrolléiert am Amt kéint bleiwen. Mir schreiwen déi Verfassung jo net fir haut, mir schreiwen déi net onbedéngt fir muer, mir schreiwen déi fir déi nächst 100, 200, 300 Joer. An, ...

(Interruption)

... jo, do muss een ...

(Brouhaha)

... all Méiglechkeete virgesinn.

**Une voix.** - 300 ass e bësse vill.

**M. Sven Clement (Piraten).** - O, Här Di Bartolomeo, mir allen zwee wäerten 300 Joer, mengen ech, net packen. Dofir ...

(Interruption)

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

Ass dat nach „fidélité au Grand-Duc“? Dofir soen ech, nee, ech mengen ...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Net dru geschafft, dat ass eng Ofsetzung!

**M. Sven Clement (Piraten).** - Dat wär ..., eng Republik wär de facto d'Ofsetzung vum Grand-Duc.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - D'Ofschaffung vum Grand-Duc.

**M. Sven Clement (Piraten).** - An dat ass hiert gutt Recht als Deputéiert, genau dat ze fuerderen.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Jo.

**M. Sven Clement (Piraten).** - Et muss een net mat hir averstane sinn, mee et ass hiert gutt Recht. Mee op där anerer Säit huet se missen, fir iwwerhaupt Deputéiert kënne ze ginn, soen: «Je jure fidélité au Grand-Duc.»

Wa mer e wierklech eegestännegt Parlament wëllen hunn an enger richteger Demokratie, da kënne mer esou eng Eedesformel net weider mat eis erëmdroen. Dat heescht, et gesäit een: Dësen Eed ass net méi zäitgeméis. An och wann en eng laang Geschicht huet, an engem demokratesche Staat mussen esou Ännerunge gemaach ginn, fir datt se der Realitéit um Terrain ugepasst ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de virleienden Text enthält also eng



**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Ech wëll da just preziséieren, dass den Eed, deen an Zukunft op d'Verfassung geleescht gëtt, net onschëlleg ass. Mir hu bewosst den Eed op d'Verfassung gewielt, well mer verfassungstrei wëlle sinn op d'Grondgesetz, dat mer eis alleguer zesumme ginn hunn. Dat ass keng Schwächung vun engem Staatschef, mee dat ass eng Stärkung vun eisem Grondgesetz!

**Une voix.** - Dofir si mer jo haut och hei.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Da wëll ech mech och nach dergéint wieren ... Ech schwätzen hei als Rapporteur an de Rapporteur därëf zweemol erausgoen.

Hei ass et net esou, dass d'Regierung de Gewënnner ass. Ech mengen, dass mat deene verschiddene Verfassungstexter eis Institutiounen insgesamt gewannen - alleguer an un alleréischter Plaz d'Chamber!

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - An do wäerte mer nach drop zrëckkommen. Mir hunn eis hei staarkgemaach, fir dass d'Chamber an alle Phasen - och vis-à-vis vum Staatschef! - u Poids gewënn't.

Schwächung vun der nationaler Souveränitéit? Wat wär dat klengt Lëtzebuerg aleng? An deem staarke Bündnis, dat d'EU an deene meeschte Beräicher ass, ass Lëtzebuerg weesentlech méi staark, wéi wann et aleng do géif stoen. Also: net eng Schwächung doduerch, dass mer an enger Communautéit sinn, mee eng Stärkt, déi weesentlech méi grouss ass wéi eis Taille a wéi d'Zuel vun eiser Populatioun.

Dann, ganz kloer: Wa mer fäerdeg si mat eisen Aarbechten un der Verfassung, wäerte mer selbstverständlech déi nei Verfassung, déi dann aus deene verschiddene Kapitele besteet, an déi Sproochen iwwersetzen a se jiddweregem zoukomme loossen, deen hei zu Lëtzebuerg wunnt: Lëtzeburgeresch, Franséisch, Däitsch. A wann eng zousätzlech Sprooch gebraucht gëtt, da si mer och flexibel genuch, fir dat ze maachen.

An e lescht Wuert iwwert d'Wärungsonofhängegkeet: Et mécht eigentlech keen Ënnerscheed, ob an der Verfassung elo steet, dass de Grand-Duc „battre de la monnaie“ därëf, oder ob dat net drasteet. Fakt ass, dass mer an enger Währungsunioun sinn! Fakt ass, dass de Staat ka Mënzen erausginn, och mam Kapp vum Grand-Duc, an dass en déi Kompetenz kann delegéieren un d'Zentralbank - Kompetenz doduerch, dass d'Zentralbank dat exekutéiert.

Léif Kolleginnen a Kollegeen, ech mengen, dass mer hei eng zolidd Aarbecht geleescht hunn an dass mer, wa mer um Enn vun der Prozedur sinn, eng Verfassung hunn, déi zu eiser Zäit passt an déi och Joerzëngten oder, wann ech mam Här Clement schwätzen, Joerhonnerten iwwerlieft. Mee bon, dat mussen déi Nächst da jugéieren.

Ech wollt just déi Prezisiounen ginn, onpolleemesch an awer op de Punkt.

Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Di Bartolomeo.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier - a Staatsminister Xavier Bettel.

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Sidd Der sécher?

**M. Fernand Etgen, Président.** - Ganz sécher, Här Premierminister!

(*Concertation interne*)

Här Premierminister, Dir hutt d'Wuert.

## PRISE DE POSITION DU GOUVERNEMENT

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Villmools merci, Här President. An erlaabt mer, hei der Constituante Merci ze soen, der Constituante, jo. Dat ass och esou wéi am Koalitiounsaccord, wou mer eis och Ambitiounen ginn hunn als dräi Parteien, mee dass duerno d'Aarbecht hei an dëser Chamber stattfonnt huet.

An ech muss lech soen, ech erlabe mer, haut net unzufänken, andeem ech dem Rapporteur Merci soen, mee dass ech mam Mars Di Bartolomeo a mam Alex Bodry ufänken, och, fir Merci ze soen, well déi zwee haten och eng ganz wichteg Roll an der Viraarbecht, déi et erlaabt huet, dass duerno e Mars Di Bartolomeo als President vun der Kommissioun och kann hei sinn. Dat heescht, erlaabt mer, dat mécht ee jo net oft, fir d'éischt deene Merci ze soen, déi net heibanne sinn.

Mir hunn och vun 2005 un un dëser Constitutioun geschafft. Dat heescht, mir sinn elo méi wéi 17 Joer amgaangen, drun ze dokteren. Et ass wichteg, dass mer och eng Constitutioun kréien (veuillez lire: dass mer och vun enger Constitutioun fortkommen) - an de Mars Di Bartolomeo huet et prezis gesot - vun enger Postkutschenzäit, wéi mer nach vu Franc-ore geschwat hunn, op eng Constitutioun, déi och méi modern ass. An dofir och der Constituante e grouse Merci.

Mir kruten och direkt erkläert, dès le début vun Ären Aarbechten, dass mer kéinten dobäi sinn. Dofir erlaben ech mer, och dem Här Fettes a senger Ekipp, och aus dem Staatsministère, e grouse Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi geleescht ginn ass. Mee d'Chamber huet eis direkt gesot: „Et ass der Constituante hir Aarbecht. Dofir, Regierung, haalt lech och diskreet an de Reuniounen!“ Dat hu mer dann och gemaach.

Zum d'Resultat muss ech lech soen, mengen ech, sinn et ganz, ganz wichteg Punkten - an ech ginn elo net op all Punkt an -, mee déi awer wierklech am Fong Institutiounen schützen.

Erlaabt mer, hei mam Grand-Duc unzufänken. Dass hei wierklech gekuckt gëtt, dass de Grand-Duc sech bei guer kenge Choixen muss amëschen, déi eng politesch Konnotation këinten hunn, hëlleft der Institutioun. Een, deen hei fir d'Monarchie ass, dee misst och hei hannert deem Text stoen.



Wann ee wëllt eng Institutioun wéi d'Monarchie stärken, da muss een evitéieren, dass een de Monarch an d'politesch Arena setzt! Da muss een evitéieren, dass de Monarch Choixen muss treffen, wou duerno gesot gëtt: „Et si Préférences do.“ De Grand-Duc ass inviolabel! De Grand-Duc ass irresponsabel! An dat ass d'Garantie, fir dass mer och déi Monarchie hei kënne laang halen, andeem mer och déi Institutioun protegéieren!

Dowéinst, all déi Leit, déi mengen, dass eng Verfassung an déi Verfassungsännerung hei géif d'Roll vum Grand-Duc schwächen

- au contraire! Et protegéiert d'Institutioun! Jo, well och eng Institutioun wéi de Grand-Duc ... Mir hunn och Leit heibannen - an dat huet een ze respektéieren -, déi der Meenung sinn, dass mer eng aner Staatsform missten hunn.

Ech gehéieren zu deenen ..., an ech weess, dass ech och kritiséiert ginn, well ech dozou stinn: Ech si Monarchist! Ech fannen, dass et fir de Lëtzeburger Modell dee beschte System ass, deen ee kann hunn. Dat ass meng perséinlech Meenung! Ech schwätzen elo weeder als Premier, ech schwätzen elo net als Responsabele vun den Institutiounen, ech schwätzen als einfache Bierger. Ech gleewen un déi Institutioun!

Wann een déi Institutioun kennt, da weess een, dass ee se och muss virun Attacke protegéieren. Als Staatsminister ass et och meng Roll, dass mer kucken, zesumme mat der Chamber, wéi mer d'Institutioun stärke kënnen. D'Maison grand-ducale, déi geschafe ginn ass, d'Maison du Grand-Duc, ass eng wichteg Etapp gewiescht.

Ech wëll och dem Här Gloden Merci soen, well ech weess, wéi oft e scho rappeléiert huet, dass deen Text an der Verfassung misst sinn, fir dass en och méi juristescht fest ass wéi op deenen Texter, wou mir als Regierung gekuckt hunn nom Rapport Waringo, fir och esou séier wéi méiglech d'Institutioun am Fong ze stärken.

Andeems mer déi Maison du Grand-Duc geschafen hunn, hu mer d'Institutioun gestärkt! Déi lescht Méint a Joren héiert een net vu Problemer mam Personal beim Haff - duerch déi Institutioun vum Grand-Duc, duerch déi Maison du Grand-Duc an och d'Aarbecht, déi den Hofmarschall och gemaach huet.

Et kann och net sinn, dass an onsem Land am Fong eng Rëtsch vun Dispositiounen iwwert d'Institutioun an engem Familljepakt zrëckzesiche sinn - engem Familljepakt an net an enger Verfassung! Dowéinst, mengen ech, ass et héich Zäit ginn, dass verschidde Saachen, déi och am Familljepakt stinn, hire Wee och an d'Constitutioun fonnt hunn.

Erlaabt mer och, iwwert d'Liberté de culte ... Mir maachen, wéi wann dat alles normal wier. Ech wëll elo ... Duerch Corona konnte mer net wéi üblech zeeléieren. Ech wëll lech awer just drun erënneren, dass virun

eis wichteg, och zesumme mam Bistum, zesumme mat de Culter, ze kucken, wéi mer en neie Wee kënne goen.

An haut, déi Cérémonie civile, déi mer - leider - déi lescht zwee Joer net konnte feieren, gehéiert zum Acte central, deen eng Regierung organiséiert, wou se hir Bierger zesummen invitéiert, egal, wéi eng Relioun se hunn, egal, wéi eng Originn se hunn, wou mer zesummen eis Unitéit feieren, wou mer zesummen d'Leit éieren, déi eppes Extraordinäres geleescht hunn, ob dat sportlech, ob dat ekonomesch ass, ob dat mënschlech ass, en Acte héroïque, wou d'Leit aner Liewe gerett hunn.

Jo, dat hu mer ronderëm op Nationalfeierdag gebaut, an net, andeems mer gesot hunn: „Elo falen déi aner Zeremonien ewech.“ Et geet och, andeems mer moies d'Cérémonie civile hunn, dass mëttes eng Militärparad ass an en Tedeum organiséiert gëtt, dass déi Deeg drop och Zeremonien organiséiert gi vun deene verschiddene Culter, och fir dem Grand-Duc hir Éier ze erweisen. Dat geet, een nieft deem aneren, an net, andeem een imposéiert, andeem ee seet: „Et dierf net méi.“ De But wor, vun de Culter ... An dofir muss ech lech och als Kultusminister soen, dass ech frou war. Et ass hei geschwat gi vu „Revolutioun zu Lëtzebuerg“. Nee! Et wor eng Evolutioun, déi néideg war.

De Culte ass net eng Staatssaach! Mir musse garantéieren, dass d'Leit hire Culter kënnen ausüben. Mee et ass net un eis ze soen, wéi ee Culte dat muss sinn. Et ass net un eis ze soen, wéi ee Culte dee richtegen ass. De Culte ass eppes Perséinlech. D'Leit kënnen e Besoin hu fir zesammenzekommen, mee et ass net un eis als Regierung oder als Politik ze soen, wéi ee Culte dee richtegen ass. Dat ass eng Conviction personnelle, déi d'Leit och selwer mussen entwéckele kënnen an appreciéiere kënnen an duerno och eeben appliquéieren. An et ass net un eis, eis do anzemëschen.

Wann een haut dat dote kuckt, dann ass dat fir mech eng Evolutioun, déi och néideg war, a keng Revolutioun, wéi och verschidde Leit et probéiert hunn ze maachen. An et geet ganz gutt! De Kontakt leeft. Mir hu reegelméisseg och déi Inter-Cultes-Reuniounen zesumme gehat, zum Beispill an der Covidzäit. An ech muss lech soen, dass do d'Relatiounen ganz gutt sinn.

mech erënneren, als Kultusminister, dass ech d'Leit och a Pensioun ..., ech hunn d'Pensiounen missen ënnerschreiwéi vun all de Paschtéier, déi a Pensioun gaange sinn. Et ass net d'Aarbecht vun enger Regierung, een a Pensioun ze schécken oder een anzustellen am Kultus! De Kultus muss sech och kënnen organiséieren. Ech mengen, dass hautdesdaags de Kult vill méi fräi ass, selwer kënne säi Liewen ze organiséieren, wéi dee Lien ze hunn, dass et eng Staatsaffär bal wier, och de Culter kënnen auszeféieren.

Här President, iwwert d'Regierung, hei iwwert d'Motion de censure: Ech hunn d'Motion de confiance selbstverständlech léiwer wéi eng Motion de censure, mee et ass wichteg - mir haten dat net an den Texter stoen -, dass eng Chamber ka soen: „Hei, dat doten!“ Mir hunn dann eng Motioun oder eng Resolutioun, wou dann d'Chamber seet, si ass zefridden oder si ënnerstëtzt oder et soll ëmgusat ginn. An eng Motion de censure an eng Motion ...

An ech ka mech erënneren, tatsächlech, wéi den Här Gloden gesot huet: 2013 souze mer hei an enger Situatioun, wou op eng Kéier de Staatsminister Juncker - dee Staatsminister Juncker - gesot huet: „Ech ginn elo dem Grand-Duc d'Demissioun.“ An du souze mer alleguerten hei la bouche bée: „Wat maache mer elo? Wéi geet et weider?“ Dowéinst ass et och wichteg, déi dote Punkten hei ze kreéieren.

Ech brauch elo net drop anzegoen, d'Madamm Beissel huet jo och schonn iwwert d'Stad Lëtzebuerg geschwat, dass dat d'Hauptstad ass. Selbstverständlech hunn ech och e Virliewe gehat. Et ass wichteg, dass ee weess, dass d'Hauptstad och déi Roll huet, déi se och an engem Land wéi Lëtzebuerg huet.

Erlaabt mer och just, an deem dote Kontext ze soen, dass mer eng Hauptstadt hunn an dass mer awer och dëst Joer eng Kulturhauptstad hunn, déi elo gläich ufänkt, ...

(*Interruptions diverses*)

... an dat ass Esch.

(*Exclamations*)

Ech wollt dat och dem Här Mischo - ...

**Une voix.** - An Diddeleng!

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - ... jo, en ass net do -, mee eise Kollegeen, den Escher Kollege soen: Mir hunn eng Hauptstadt, eng politesch Hauptstadt, mee dëst Joer hu mer och eng Kulturhauptstad. Ech wënschen hinnen och bonne, bonne Chance!

Dowéinst, Här President, erlaabt mer, ganz zum Schluss, lech nach eng Kéier ze soen: Mir komme vun enger Postkutschenzäit op eng modern Constitutioun. A fir mech, haut dës Constitutioun stëmmen ... Dowéinst akzeptéieren ech och net, dass probéiert gëtt, hei mat falsche Sujeten, mat falschen Informatiounen de Leit Angscht ze maachen!

Een, deen haut Jo zu dëser Verfassung seet, dee seet Jo zu Institutiounen, déi hei an dësem Land funktionéieren, dee seet Jo, Här President, zu engem Liantëschent Europa a Lëtzebuerg, deen infaillible ass an op dee mer och houfreg sinn, an e seet Jo zu enger Monarchie, Jo zu engem moderne Land. An dofir Jo zu dëser Verfassung.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Premier - a Staatsminister Xavier Bettel.

Ier mer elo zum Vott kommen, wollt ech drun erënneren, dass ee sech op sengeren





Posten alogge muss, fir kënne mat of-zestëmmen.

Mir kommen elo zum éischte Vote constitutionnel iwwert d'Proposition 7700. Den Text steet am Document parlementaire 7700<sup>46</sup>. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

#### PREMIER VOTE CONSTITUTIONNEL SUR LA PROPOSITION DE RÉVISION DE LA CONSTITUTION 7700

D'Ofstëmme fänkt un.

De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition ass mat 49 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui : *Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher,*

*Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, M. Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mmes Semiray Ahmedova, Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc*

*Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Ont voté non : *MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

S'est abstenue : *Mme Myriam Cecchetti.*

#### 6. DÉPÔT D'UNE DEMANDE D'ORGANISATION D'UN REFERENDUM TEL QUE PRÉVU À L'ARTICLE 114, ALINÉA 3 DE LA CONSTITUTION

Da ginn ech d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

#### EXPOSÉ

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Jo, Här President, villmools merci. Ech mengen, mir hate jo schon nom Vott iwwert den éisch-

ten Deel vun der Verfassung, deem iwwert d'Justiz, driwwer geschwat, datt et zwou Méiglechkeete gëtt, u sech e Referendum ze provozéieren. Dat eent ass déi Prozedur vum Député initiateur no eisem Chambersreglement, wou eeben, wa 16 Deputéierter op d'mannst ënnerschreiw, e Referendum kann ageleet ginn. Dat anert ass iwwert den Artikel 114 vun der Verfassung mat 25.000 Bierger/Ënnerschrëften, wat dann och kéint zu engem Referendum féieren.

Ech wéilt haut also beim zweete Kapitel och déi Prozedur vum Député initiateur hei aleeden an der Hoffnung, datt mer 16 Ënnerschrëfte kréien. Beim éischten Deel hate mer aacht Ënnerschrëften. Vläch gëtt et der déi Kéier jo méi. An deem Sënn wëll ech lech hei dëse Bréif hannerleeën no eisem Chambersreglement an d'Prozedur vum Député initiateur aleeden.

Ech soen lech Merci

**M. Fernand Etgen, Président.** – Merci villmools, Här Kartheiser.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung si fir den 8., 9. an 10. Februar virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.



TEXTE COORDONNE  
PROPOSE PAR LA  
COMMISSION DES  
INSTITUTIONS ET  
DE LA REVISION  
CONSTITUTIONNELLE

N° 7700  
PROPOSITION DE REVISION  
DES CHAPITRES I<sup>ER</sup>, II, III, V, VII, VIII, IX,  
X, XI ET XII DE LA CONSTITUTION

Art. 1<sup>er</sup>. Le chapitre I<sup>er</sup> de la Constitution est libellé comme suit :

«CHAPITRE I<sup>ER</sup>.- DE L'ETAT, DE SON  
TERRITOIRE ET DE SES HABITANTS

SECTION 1<sup>RE</sup>. - DE L'ETAT, DE SA FORME  
POLITIQUE ET DE LA SOUVERAINETE

Art. 1<sup>er</sup>.

Le Grand-Duché de Luxembourg est un Etat démocratique, libre, indépendant et indivisible.

Art. 2.

Le Grand-Duché de Luxembourg est placé sous le régime de la démocratie parlementaire. Il a la forme d'une monarchie constitutionnelle. Il est fondé sur les principes d'un Etat de droit et sur le respect des droits de l'Homme.

Art. 3.

La souveraineté réside dans la Nation dont émanent les pouvoirs de l'Etat.

Art. 4.

(1) La langue du Grand-Duché de Luxembourg est le luxembourgeois. La loi règle l'emploi des langues luxembourgeoise, française et allemande.

(2) L'emblème national est le drapeau tricolore rouge, blanc, bleu.

(3) La loi définit les armoiries de l'Etat.

(4) L'hymne national est «Ons Heemecht».

Art. 5.

Le Grand-Duché de Luxembourg participe à l'intégration européenne.

L'exercice de pouvoirs de l'Etat peut être transféré à l'Union européenne et à des institutions internationales par une loi adoptée dans les conditions de l'article 113, alinéa 2, de la Constitution.

SECTION 2. - DU TERRITOIRE

Art. 6.

Toute cession, tout échange, toute adjonction de territoire ne peut avoir lieu qu'en vertu d'une loi adoptée dans les conditions de l'article 113, alinéa 2, de la Constitution.

Art. 7

Les limites et les chefs-lieux des cantons, des communes et des arrondissements judiciaires sont déterminés par la loi.

Art. 8.

La Ville de Luxembourg est la capitale du Grand-Duché de Luxembourg et le siège des institutions constitutionnelles.

Art. 2. Après l'article 10*bis* de la Constitution, il est inséré un article 10*ter* nouveau, libellé comme suit :

«Art. 10*ter*. Tout non-luxembourgeois qui se trouve sur le territoire du Grand-Duché, jouit de la protection accordée aux personnes et aux biens, sauf les exceptions établies par la loi.»

Art. 3. A l'article 11, paragraphe 6 de la Constitution, les deux derniers alinéas sont supprimés.

Art. 4. Les articles 21, 22, 29, 30 et 31 de la Constitution sont abrogés.

Art. 5. L'article 32*bis* actuel de la Constitution est renuméroté en article 26*bis*.

Art. 6. Les articles 46 et 47 actuels de la Constitution sont renumérotés en articles 58*bis* et 58*ter*.

Art. 7. L'article 51, paragraphe 1<sup>er</sup> de la Constitution est abrogé.

Art. 8. L'article 80 de la Constitution est renuméroté en article 73.

Art. 9. Il est introduit un article 31*bis* dans la Constitution, libellé comme suit :

«Art. 31*bis*. Aucun serment ne peut être imposé qu'en vertu de la loi qui en détermine la formule.»

Art. 10. Le chapitre III de la Constitution est libellé comme suit :

«CHAPITRE III.- DU GRAND-DUC

SECTION 1<sup>RE</sup>. - DE LA FONCTION DU  
CHEF DE L'ETAT

Art. 32.

(1) Le Grand-Duc est le Chef de l'Etat. Il représente l'Etat. Il est le symbole de l'unité et de l'indépendance nationales. Sa personne est inviolable.

(2) Le Grand-Duc n'a d'autres attributions que celles que lui accordent la Constitution et les lois. Il exerce conjointement avec le Gouvernement le pouvoir exécutif.

(3) Les dispositions du Grand-Duc doivent être contresignées par un membre du Gouvernement, qui en assume la responsabilité.

Art. 33.

(1) Le Grand-Duc prend les règlements et arrêtés nécessaires pour l'exécution des lois.

(2) Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, le Grand-Duc ne peut prendre des règlements et arrêtés qu'en vertu d'une disposition légale particulière qui fixe l'objectif des mesures d'exécution et le cas échéant les conditions auxquelles elles sont soumises.

(3) Il prend les règlements nécessaires pour l'application des actes juridiques de l'Union européenne.

Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, ces règlements ne peuvent être pris qu'en vertu d'une disposition légale particulière qui fixe l'objectif des mesures d'exécution et, le cas échéant, les conditions auxquelles elles sont soumises. Dans les conditions déterminées par la loi, ces règlements peuvent déroger aux dispositions légales existantes ou remplacer celles-ci.

Art. 34.

Le Grand-Duc fait et défait les traités. Les traités et, sauf clause spécifique dans un traité, leur dénonciation n'ont d'effet qu'après avoir été approuvés par la loi. Ils sont publiés dans les formes prévues pour la publication des lois.

Le Grand-Duc fait les règlements et arrêtés nécessaires pour l'exécution des traités dans les formes qui régissent les mesures d'exécution des lois et avec les effets qui s'attachent à ces mesures, sans préjudice des matières qui sont réservées par la Constitution à la loi.

Art. 35.

Dans l'exercice du pouvoir lui attribué par les articles 33, paragraphes 1 et 3 et 34, alinéa 2 de la Constitution, le Grand-Duc peut, dans les cas qu'il détermine, charger les membres de son Gouvernement de prendre des mesures d'exécution.

Art. 36.

En cas de crise internationale, de menaces réelles pour les intérêts vitaux de tout ou partie de la population ou de péril imminent résultant d'atteintes graves à la sécurité publique, le Grand-Duc, après avoir constaté l'urgence résultant de l'im-

possibilité de la Chambre des Députés de légiférer dans les délais appropriés, peut prendre en toutes matières des mesures réglementaires.

Ces mesures peuvent déroger à des lois existantes. Elles doivent être nécessaires, adéquates et proportionnées au but poursuivi et être conformes à la Constitution et aux traités internationaux.

La prorogation de l'état de crise au-delà de dix jours ne peut être décidée que par une ou plusieurs lois, qui en fixent la durée sans que la prorogation puisse dépasser une durée maximale de trois mois. Ces lois sont adoptées avec une majorité qualifiée des deux tiers des suffrages des députés, les votes par procuration n'étant pas admis.

Tous les règlements pris en vertu de la présente disposition cessent leurs effets au plus tard à la fin de l'état de crise.

La Chambre des Députés ne peut être dissoute pendant l'état de crise.

Art. 37.

Le Grand-Duc promulgue les lois dans les trois mois de leur adoption par la Chambre des Députés.

Art. 38.

(1) Le Grand-Duc nomme aux emplois publics, conformément à la loi, et sauf les exceptions établies par elle.

(2) Aucune fonction salariée par l'Etat ne peut être créée qu'en vertu d'une loi.

(3) Le statut des fonctionnaires de l'Etat est déterminé par la loi.

Art. 39.

Le Grand-Duc a le droit, dans les conditions déterminées par la loi, de remettre ou de réduire les peines prononcées par les juridictions.

Art. 40.

Le Grand-Duc a le droit de conférer des titres de noblesse aux membres de la famille grand-ducale, sans pouvoir jamais y attacher de privilège.

Art. 41.

(1) Le Grand-Duc porte le titre de commandant de l'armée. Ce commandement est exercé sous la responsabilité du Gouvernement.

(2) Le Grand-Duc confère les ordres civils et militaires, en observant la loi.

Art. 42.

Le Grand-Duc, l'ancien Chef de l'Etat, le Grand-Duc Héritier, le Régent et le Lieutenant-Représentant touchent sur le budget de l'Etat une dotation annuelle, dont les éléments et le montant sont fixés par la loi.

Le Grand-Duc, tenant compte de l'intérêt public, définit et organise son administration qui jouit de la personnalité juridique.

Art. 43.

Le Palais Grand-Ducal à Luxembourg et le Château de Berg sont réservés à l'habitation du Grand-Duc.

SECTION 2. - DE LA MONARCHIE CONSTITUTIONNELLE

Art. 44.

(1) La fonction de Chef de l'Etat est héréditaire dans la descendance directe de Son Altesse Royale Adolphe, Grand-Duc de Luxembourg, Duc de Nassau, par ordre de primogéniture et par représentation. Seuls les enfants nés d'un mariage ont le droit de succéder.

(2) La personne en droit de succéder peut y renoncer. Cette renonciation intervient sous forme d'un acte écrit qui est irrévocable et dont les effets ne s'appliquent qu'à l'auteur.

Lorsque des circonstances exceptionnelles le commandent, la Chambre des Députés peut exclure une ou plusieurs personnes de l'ordre de succession par une loi adoptée dans les conditions de l'article 113, alinéa 2, de la Constitution.

(3) A défaut de successeur, la Chambre des Députés se réunit au plus tard dans les trente jours du décès ou de l'abdication du Grand-Duc en vue de désigner un nouveau Chef de l'Etat. La décision est adoptée dans les conditions de l'article 113, alinéa 2, de la Constitution.

(4) L'abdication du Grand-Duc requiert la forme d'un acte écrit qui est irrévocable.

Art. 45.

(1) Le Grand-Duc exerce la fonction de Chef de l'Etat à partir du moment où il a prêté devant la Chambre des Députés le serment suivant : «Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir fidèlement mes attributions constitutionnelles.»

(2) Le serment est prêté au plus tard le dixième jour qui suit le décès, l'abdication ou la désignation du Grand-Duc dans les conditions de l'article 44, paragraphe 3.

(3) Le refus de prêter le serment comporte renonciation à la fonction de Chef de l'Etat.

Art. 46.

Le Grand-Duc peut se faire représenter par une personne qui remplit les conditions de l'article 44, paragraphe 1<sup>er</sup>, et qui porte le titre de Lieutenant-Représentant du Grand-Duc.

Le Lieutenant-Représentant du Grand-Duc n'entre en fonction qu'après avoir prêté devant la Chambre des Députés le serment suivant : «Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir fidèlement mes attributions constitutionnelles.»

Art. 47.

Si au décès du Grand-Duc, ou à la date de son abdication, son successeur est mineur, la Chambre des Députés se réunit dans les dix jours à l'effet de pourvoir, sur proposition du Gouvernement, à la régence.

Si le Grand-Duc se trouve dans l'impossibilité temporaire de remplir ses attributions constitutionnelles ou de prêter le serment prévu à l'article 45 le Gouvernement en informe la Chambre des Députés, qui se réunit dans les dix jours à l'effet de constater cette impossibilité et de pourvoir à la régence.

La régence ne peut être confiée qu'à une seule personne, qui doit être majeure et faire partie des personnes visées à l'article 44, paragraphe 1<sup>er</sup>.

Le Régent n'entre en fonction qu'après avoir prêté devant la Chambre des Députés le serment suivant : «Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir fidèlement mes attributions constitutionnelles.»

La régence prend fin à la majorité du successeur ou à la cessation de l'impossibilité temporaire du Grand-Duc de remplir ses attributions constitutionnelles.

Le Gouvernement en informe la Chambre des Députés, qui se réunit dans les dix jours à l'effet de mettre fin à la fin de la régence.

Art. 48.

Si le Grand-Duc ne remplit pas ses attributions constitutionnelles, la Chambre des Députés, à la demande du Gouvernement, le Conseil d'Etat entendu en son avis, décide dans les conditions de l'article 113, alinéa 2, de la Constitution qu'il y a lieu de considérer que le Grand-Duc a abdicqué.

Art. 49

A partir du décès du Grand-Duc, de son abdication ou du constat de son impossibilité de remplir ses attributions constitutionnelles, jusqu'à la prestation de serment du successeur, la fonction de Chef de

l'Etat est exercée par le Gouvernement. Il en est de même en cas de décès ou de démission du Régent.»

Art. 11. Le chapitre V de la Constitution est libellé comme suit :

«CHAPITRE V.- DU GOUVERNEMENT

Art. 76.

Le Gouvernement dirige la politique générale de l'Etat .

Art. 77.

Le Gouvernement se compose d'un Premier ministre, d'un ou de plusieurs Vice-premiers ministres, de ministres et, le cas échéant, d'un ou de plusieurs ministres délégués et secrétaires d'Etat.

Le Grand-Duc nomme le Premier ministre et les autres membres du Gouvernement et met fin à leurs fonctions.

Avant d'entrer en fonction, les membres du Gouvernement prêtent le serment qui suit : «Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir ma fonction avec intégrité, exactitude et impartialité.»

Art. 78.

La fonction de membre du Gouvernement est incompatible avec celle de député, de conseiller d'Etat, de membre d'un conseil communal ainsi qu'avec des fonctions publiques ou une activité professionnelle.

Art. 79.

Les membres du Gouvernement exercent leurs attributions, soit en conseil, soit individuellement pour les affaires dont ils ont la charge.

Art. 80.

Le Premier ministre coordonne l'action du Gouvernement et veille au maintien de l'unité de l'action gouvernementale.

Art. 81.

Le Gouvernement détermine son organisation et son fonctionnement par voie de règlement interne, approuvé par arrêté grand-ducal, à l'exception des matières que la Constitution réserve à la loi.

Art. 82.

(1) Le Premier ministre engage la responsabilité du nouveau Gouvernement à l'occasion de la présentation du programme gouvernemental devant la Chambre des Députés.

(2) Le Premier ministre peut, après délibération du Gouvernement en conseil, engager la responsabilité du Gouvernement devant la Chambre des Députés à l'occasion du vote d'un projet de loi ou d'une déclaration gouvernementale.

(3) La Chambre des Députés peut engager la responsabilité du Gouvernement par une motion de censure.

(4) Lorsque la Chambre des Députés refuse la confiance au Gouvernement, le Premier ministre présente la démission du Gouvernement au Grand-Duc .

(5) Le Gouvernement démissionnaire continue à conduire la politique générale.

Art. 83.

(1) Le Gouvernement et ses membres sont responsables devant la Chambre des Députés.

(2) Les membres du Gouvernement ne répondent ni civilement ni pénalement des opinions qu'ils émettent à l'occasion de l'exercice de leur fonction.

(3) Les membres du Gouvernement sont pénalement responsables des actes commis par eux dans l'exercice de leur fonction.

Seul le ministère public peut tenter et diriger les poursuites à l'encontre d'un membre du Gouvernement pour ces actes, même après cessation de sa fonction.



(4) Sauf le cas de flagrant délit, toute arrestation d'un membre du Gouvernement nécessite l'autorisation préalable de la Chambre des Députés. Cette autorisation n'est pas requise pour l'exécution des peines, même celles privatives de liberté, prononcées à l'encontre d'un membre du Gouvernement.»

Art. 12. Le chapitre VII de la Constitution est libellé comme suit :

«**CHAPITRE VII. - DE CERTAINES DISPOSITIONS RELATIVES A L'ADMINISTRATION DE L'ETAT**

**SECTION 1<sup>RE</sup> - DES REGLES GENERALES D'ADMINISTRATION**

**Art. 96.**  
Aucune loi ni aucun règlement ou arrêté d'administration générale ne sont obligatoires qu'après avoir été publiés dans la forme déterminée par la loi.

**Art. 97.**  
La loi détermine les conditions et les limites ainsi que les modalités de mise en œuvre de la responsabilité de l'Etat et des autres personnes morales de droit public pour les dommages qu'ils ont causés ou qu'ont causés leurs mandataires publics et agents dans l'exercice de leurs fonctions.

**Art. 97bis.**  
L'organisation et les attributions de la force publique sont réglées par la loi.

Toute déclaration relative à l'Etat de guerre et tout engagement de la force publique dans des opérations à l'étranger requièrent l'autorisation de la Chambre des Députés selon les modalités à établir par la loi.

**SECTION 2. - DES FINANCES**

**Art. 98.**  
(1) Tout impôt de l'Etat ainsi que toute exemption ou modération d'impôt sont établis par la loi.

(2) Les impôts au profit de l'Etat sont votés annuellement. Les lois qui les établissent n'ont de force que pour un an, si elles ne sont pas renouvelées.

(3) Hormis les cas formellement exceptés par la loi, aucune rétribution ne peut être exigée des citoyens ou des établissements publics qu'à titre d'impôt au profit de l'Etat ou de la commune.

**Art. 99.**  
(1) Tout emprunt à charge de l'Etat doit être contracté avec l'assentiment de la Chambre des Députés.

(2) Toute aliénation d'une propriété immobilière ou mobilière de l'Etat doit être

autorisée par une loi spéciale. Toutefois, une loi générale peut déterminer un seuil en dessous duquel une autorisation spéciale de la Chambre des Députés n'est pas requise.

(3) Toute acquisition par l'Etat d'une propriété immobilière ou mobilière importante, toute réalisation au profit de l'Etat d'un grand projet d'infrastructure ou d'un bâtiment considérable ainsi que tout engagement financier important de l'Etat doivent être autorisés par une loi spéciale. Une loi générale détermine les seuils à partir desquels cette autorisation est requise, ainsi que les conditions et les modalités pour financer les travaux préparatoires.

(4) Toute charge grevant le budget de l'Etat pour plus d'un exercice doit être établie par une loi spéciale.

(5) Toute pension, tout traitement d'attente ainsi que toute gratification à la charge de l'Etat sont accordés par une loi.

**Art. 100.**  
Chaque année, la Chambre des Députés arrête la loi des comptes et vote le budget. Toutes les recettes et dépenses de l'Etat doivent être portées au budget et dans les comptes.

**Art. 101.**  
(1) Une Cour des comptes est chargée du contrôle de la gestion financière des organes, administrations et services de l'Etat. La loi peut lui confier d'autres missions de contrôle de gestion financière des deniers publics.

(2) La Cour des comptes soumet ses contestations et recommandations sur le compte général de l'Etat à la Chambre des Députés.

(3) Les attributions et l'organisation de la Cour des comptes ainsi que les modalités de son contrôle et les relations avec la Chambre des Députés sont déterminées par la loi.

(4) Les membres de la Cour des comptes sont nommés par le Grand-Duc sur proposition de la Chambre des Députés.

**SECTION 3. - DES RELATIONS ENTRE L'ETAT ET LES COMMUNAUTES RELIGIEUSES**

**Art. 102.**  
Les églises et les communautés religieuses sont séparées de l'Etat.

La loi règle les relations entre l'Etat et les églises et communautés religieuses.

Dans les limites et formes déterminées par la loi, des conventions à approuver par la

Chambre des Députés peuvent préciser les relations entre l'Etat et les églises et communautés religieuses.»

Art. 13. Le chapitre VIII de la Constitution est libellé comme suit :

**CHAPITRE VIII. - DES COMMUNES**

**Art. 103.**  
(1) Les communes forment des collectivités autonomes, à base territoriale, possédant la personnalité juridique et gérant par leurs organes leurs intérêts et leur patrimoine propres.

(2) La loi règle la composition, l'organisation et les attributions des organes de la commune.

**Art. 104.**  
(1) Il y a dans chaque commune un conseil communal élu directement sur base du suffrage universel et par vote secret.

(2) La commune est administrée sous l'autorité du collège des bourgmestre et échevins, qui sont nommés parmi les membres du conseil communal dans la forme déterminée par la loi.

**Art. 105.**  
(1) Les impôts au profit des communes sont établis par la loi.

Dans le respect de ses compétences constitutionnelles et légales, le conseil communal peut établir les impôts et les taxes nécessaires à la réalisation de l'intérêt communal. Les impôts et les taxes communaux sont approuvés par l'autorité de surveillance.

(2) Le conseil communal établit annuellement le budget de la commune et en arrête les comptes.

(3) Les communes ont droit aux ressources financières pour remplir les missions qui leur sont confiées par la loi.

**Art. 106.**  
Le conseil communal fait les règlements communaux, sauf les cas d'urgence.

Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, les règlements communaux ne peuvent être pris qu'en vertu d'une disposition légale particulière qui fixe l'objectif des mesures d'exécution et, le cas échéant, les conditions auxquelles elles sont soumises.

Les règlements communaux doivent être conformes aux lois et aux règlements pris en application de l'article 33.

**Art. 107.**  
(1) La rédaction des actes de l'état civil et la tenue des registres de ces actes sont exclusivement dans les attributions des organes

de la commune que la loi détermine.

(2) La loi établit le statut des fonctionnaires communaux.

**Art. 108.**  
Toute commune peut créer, seule ou avec d'autres communes, des établissements publics dans les limites et selon la manière déterminée par la loi.

**Art. 109.**  
La loi règle la surveillance de la gestion communale et détermine limitativement les actes des organes communaux à approuver par l'autorité de surveillance. Elle peut soumettre certains actes des organes communaux à l'approbation de l'autorité de surveillance et prévoir leur annulation ou leur suspension en cas d'illégalité ou de contrariété à l'intérêt général, sans préjudice des attributions des juridictions de l'ordre judiciaire ou de l'ordre administratif.

Le Gouvernement en conseil peut dissoudre le conseil communal dans l'intérêt de la gestion de la commune.

Art. 14. Le chapitre IX de la Constitution est libellé comme suit :

«**CHAPITRE IX. - DES ETABLISSEMENTS PUBLICS DE L'ETAT ET DES ORGANES PROFESSIONNELS**

**Art. 110.**  
(1) La loi peut créer des établissements publics, qui ont la personnalité juridique et qui sont placés sous la tutelle de l'Etat.

(2) La loi peut créer des chambres professionnelles, qui ont la personnalité juridique.

(3) La loi peut constituer des organes représentatifs des professions libérales et les doter de la personnalité juridique.

**Art. 111.**  
(1) La loi détermine l'objet, l'organisation et les compétences des établissements publics, des chambres professionnelles et des organes des professions libérales, qui ont la personnalité juridique.

(2) Dans la limite de leur objet, la loi peut leur accorder la compétence de prendre des règlements.

Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, ces règlements ne peuvent être pris qu'en vertu d'une disposition légale particulière qui fixe l'objectif des mesures d'exécution et, le cas échéant, les conditions auxquelles elles sont soumises.

Ces règlements doivent être conformes aux lois et aux règlements pris en application de l'article 33.»

Art. 15. Le chapitre X de la Constitution est libellé comme suit :

«**CHAPITRE X. - DE LA REVISION DE LA CONSTITUTION**

**Art. 112.**  
Aucune disposition de la Constitution ne peut être suspendue.

**Art. 113.**  
Toute révision de la Constitution doit être adoptée dans les mêmes termes par la Chambre des députés en deux votes successifs, séparés par un intervalle d'au moins trois mois.

Nulle révision ne sera adoptée si elle ne réunit au moins les deux tiers des suffrages des membres de la Chambre, les votes par procuration n'étant pas admis.

Le texte adopté en première lecture par la Chambre des députés est soumis à un référendum, qui se substitue au second vote de la Chambre, si dans les deux mois suivant le premier vote demande en est faite soit par plus d'un quart des membres de la Chambre, soit par vingt-cinq mille électeurs inscrits sur les listes électorales pour les élections législatives. La révision n'est adoptée que si elle recueille la majorité des suffrages valablement exprimés. La loi règle les modalités d'organisation du référendum.

Art. 16. Le chapitre XI de la Constitution est libellé comme suit :

«**CHAPITRE XI. - DISPOSITIONS TRANSITOIRES**

**Art. 114.**  
Les dispositions de l'article 44 sont pour la première fois applicables à la descendance de Son Altesse Royale Henri, Grand-Duc de Luxembourg, Duc de Nassau.

**Art. 17. Le chapitre XII de la Constitution, comprenant les articles 116 à 120, est abrogé.**

Art. 1817.

(1) La présente loi entre en vigueur *le premier jour du sixième mois qui suit* sa publication au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg.

(2) A compter du jour de l'entrée en vigueur de la présente loi, toutes les dispositions légales ou réglementaires contraires à la Constitution ne sont plus applicables.

(3) Toutes les autorités conservent et exercent leurs attributions, jusqu'à ce qu'il y ait été pourvu, conformément à la Constitution.





Les rapporteurs des propositions de révision constitutionnelle, M. Charles Margue, M. Léon Gloden, M. Mars Di Bartolomeo et Mme Simone Beissel, avec le Président de la Chambre, M. Fernand Etgen, et le Secrétaire général, M. Laurent Scheeck

## REVISIOUNE VUN DER CONSTITUTIOUN: FIRWAT A WÉI?

### WAT ASS D'URSAACH FIRDÉIGEPLANGT VERFASSUNGSREVISIOUNEN?

Mat den Ännerungen un der Constitutioun gëtt d'Zil verfollegt:

- d'Sprooch ze moderniséieren,
- d'Texter unzepassen un d'Realitéit an den aktuelle Fonctionnement vun den Institutionen.

### WÉI SINN D'BIERGER AN DÉI PARLAMENTARESCH AARBECHTEN A GEBONNE GINN?

D'Chamber huet d'Bierger dozou opgeruff, um Ausschaffe vun deenen neien Dispositionen deelzehuelen:

Am Juni 2015 goufen d'Wieler per Referendum zu dräi Froen ëm hir Meenung gefrot, iwwer:

- d'Walrecht vun den Netlëtzebuurger bei de Legislativwahlen,

- dat fakultatiivt Walrecht fir Jonker vu 16 Joer un,
- déi zäitlech Begrenzung vun de Ministermandater.

D'Chamber huet an deem Kontext eng Rei Informatiounsversammlungen organiséiert an en Internetsite fräigeschalt. Bei hiren uschléissenden Aarbechten huet si d'Resultat vum Referendum respektéiert. Sou gëtt festgehalen, dass de Prinzip, no deem d'Walrecht per Gesetz op Netlëtzebuurger ausgedeeent ka ginn, net fir de Fall vun de Chamberwale gëllt.

Iwwert den Internetsite [www.ärvirschléi.lu](http://www.ärvirschléi.lu) konnten d'Bierger hir Virschléi fir d'Ännerung vun der Constitutioun eraginn. 139 Bierger oder Associatiounen hu matgemaach a Propositionen agereecht. Eng Partie vun hinnen hunn dunn an éffentlechen Hearingen zesummen iwwert déi Virschléi diskutéiert. Dës Aarbechten hu vu Juli 2015 bis Juli 2016 gedauert. An et ass och esou, dass en Deel vun de Bierger hiren Iddien an déi nei Bestëmmunge vun der Verfassung matagefloss sinn. Dat ass zum Beispill de Fall fir d'Rechter vum Kand, de sozialen Dialog, d'wëssenschaftlech Fuerschung oder och nach den Zougang zur Kultur.

E Projet, dee vum Léierstull fir parlamentaresch Studien an Zesummenaarbecht mat TNS ILRES lancéiert gouf, hat sech zum Zil gesat erauszefannen, wat d'Lëtzebuurger Staatsbierger sech vun enger Verfassungsreform erwaarden. Dofir goufe 60 Lëtzebuurger Bierger iwwer 16 Joer ausgewielt, fir sech an Diskussionsgruppen - den 2. an den 9. Juli 2016 - iwwert de Projet fir d'Ännerung vun der Constitutioun auszetauschen.

### WAT FIR ENG DISPOSITIOUNE SINN D'RESULTAT VUN DER CONSULTATIOUN VUN DE BIERGER?

Folgend Bestëmmunge sinn no der Biergerconsultatioun an d'Propositione fir e Verfassungstext opgeholll ginn:

- d'Rechter vum Kand,
- de sozialen Dialog,
- den Zougang zur Kultur an d'Recht, sech kulturell ze entfalten, souwéi de Schutz vum kulturelle Patrimoine,
- d'Unerkennung vum Déier als net mënschlecht Liewewiese mat Sensibilitéit, Schutz vu sengem Wuelbefannen,
- d'Fräiheet vun der wëssenschaftlecher Fuerschung,

- d'Initiativrecht vun de Bierger, fir Gesetzter virzeschloen,
- den Ombudsmann.

### WÉI KANN D'VERFASSUNG GEÄNNERT GINN?

Fir d'Revisioun vun der Constitutioun gëllt eng vill méi komplex Prozedur wéi fir d'Modifikatioun vun engem einfache Gesetz. Et geet nämlech drëm, dem Verfassungstext, dee jo vu fundamentaler Bedeitung ass, eng maximal Stabilitéit ze ginn.

Fir all Revisioun vun der Constitutioun sinn zwee separat Votten noutwendeg, tëschent deenen en Zäitraum vun op d'mannst dräi Méint leie muss. Fir béid Votten ass eng Zweedréttmajoritéit néideg an de Vote par procuration ass net zougelooos.

Den zweete Vott kann duerch e Referendum ersat ginn, wann ee Véierel vun den Deputéierten, also op d'mannst 16 Deputéiert, oder awer 25.000 Wieler dat froen. Gëtt d'Revisioun vun der Verfassung vun de Wieler ofgeleent, da ginn och d'Modifikatiounen net zrëckbehalen. D'Constitutioun gëtt an deem Fall also net geännert.

Am Resümee kann ee soen, dass d'Prozedur fir d'Modifikatioun vun der Verfassung onverännert bleift.

### WÉINI TRIEDEN DÉI NEI DISPOSITIOUNEN A KRAAFT?

No der Adoptioun vun all eenzel Proposition fir d'Revisioun vun der Constitutioun gëtt deen neien Text bannent dräi Méint vum Grand-Duc ënnerschriwwen. Da gëtt den Text am «Journal officiel» publizéiert an trëtt sechs Méint no senger Publikatioun a Kraaft.





# CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

ÉDITION SPÉCIALE

RÉVISIONS DE LA

## CONSTITUTION

### INFORMATION DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

La proposition de révision de la Constitution concernant l'organisation de l'État, la monarchie, le Gouvernement, les communautés religieuses et les communes a été adoptée le 25 janvier 2022 - par un premier vote - avec une majorité de deux tiers des suffrages des députés (Proposition de révision n° 7700 des chapitres I<sup>er</sup>, II, III, V, VII, VIII, IX, X, XI et XII de la Constitution).

### PRINCIPAUX CHANGEMENTS

La langue luxembourgeoise, le drapeau, les armoiries et l'hymne national sont inscrits dans la Constitution. L'attachement au multilinguisme est confirmé.

L'adhésion du Luxembourg au processus d'intégration européenne est confirmée.

**Certaines dispositions relatives au Grand-Duc sont spécifiées :**

- Le pouvoir exécutif est exercé conjointement avec le Gouvernement.
- Le Grand-Duc reste commandant de l'armée, mais le commandement est exercé sous la responsabilité du Gouvernement.
- L'administration du Grand-Duc est dotée de la personnalité juridique.
- L'accession à la fonction de Grand-Duc, l'abdication et la régence sont réglées en détail.
- Il n'y a plus aucune référence au Pacte de Nassau.

**Les dispositions concernant le Gouvernement sont précisées :**

- Le Gouvernement dirige la politique générale de l'État, et l'action du Gouvernement est coordonnée par le Premier ministre. Ces dispositions sont des adaptations à la pratique institutionnelle.
- Les motions de confiance et de censure sont introduites dans le texte de la Constitution.
- Le Gouvernement et ses membres sont responsables devant le Parlement.

Une nouvelle section vise les relations entre l'État et les communautés religieuses.

**Les dispositions concernant les communes sont précisées :**

- Les communes ont droit aux ressources financières nécessaires à l'exercice de leurs missions.
- Elles ont la possibilité de créer des établissements publics communaux.

Les chambres professionnelles sont inscrites dans la Constitution.

Conformément à l'article 114 de la Constitution, la proposition n° 7700 devra faire l'objet d'un deuxième vote de la Chambre des Députés à intervenir dans un intervalle d'au moins trois mois depuis le premier vote. Ce deuxième vote peut être remplacé par un référendum si la demande en est faite par 16 députés au moins ou 25.000 électeurs inscrits sur les listes électorales pour les élections législatives.

L'intégralité du dossier parlementaire peut être consultée sur le site [www.chd.lu](https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution) (<https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution>).

REVISIOUNE VUN DER

## CONSTITIOUN

### INFORMATIOUN VUN DER CHAMBER

D'Chamber huet d'Propositoun N° 7700 fir d'Revisioun vun der Verfassung op de Kapitele Staatsorganisatioun, Monarchie, Regierung, Reliounsgemeinschaften a Gemengen an engem éischte constitutionnelle Vott de 25. Januar 2022 mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen ugeholl (« Proposition de révision des chapitres I<sup>er</sup>, II, III, V, VII, VIII, IX, X, XI et XII de la Constitution »).

### HAAPTÄNNERUNGEN

D'Lëtzebuerger Sprooch, de Fändel, de Wopen an d'Nationalhymn kommen an d'Constitutioun. Um Prinzip vun der Méisproochegkeet gëtt festgehalen.

Et gëtt confirméiert, dass Lëtzebuerg beim europäeschen Integrationsprozess matmécht.

**Wat de Grand-Duc ugeet, ginn et eng Rei Ännerungen:**

- En huet de Pouvoir exécutif, zesumme mat der Regierung.
- En ass nach ëmmer Kommandant vun der Arméi, awer ënnert der Responsabilitéit vun der Regierung.
- D'Administratioun vum Grand-Duc kritt d'Rechtsperséinlechkeet.
- Et ginn detailléiert Reegele fir den Zougang zu der Funktioun vum Grand-Duc, fir d'Odfanken a fir d'Regence.
- Et gëtt keng Referenz méi op de Familljepakt vum Haus Nassau.

**Fir d'Regierung ginn et Prezisiounen:**

- D'Regierung leet d'generell Politik vum Staat an de Premierminister koordinéiert der Regierung hir Aarbecht. Domat gëtt den Text der Praxis ugepasst.
- De Vertrauens- an de Mësstrauensvott ginn an der Verfassung verankert.
- D'Regierung an hir Membere mussen sech géintwuer der Chamber verantworten.

Et gëtt eng nei Sektoun iwwert d'Relatiounen tëscht dem Staat an de Reliounsgemeinschaften.

**Fir d'Gemenge gëtt Verschiddenes prezisiéiert:**

- Si kréien d'Finanzressourcen, déi fir hir Missiounen néideg sinn.
- Si kréien d'Méiglechkeet, fir kommunal Etablissement-publicken ze kreéieren.

D'Chambre-professionnellë ginn am Text verankert.

Nom Artikel 114 vun der Verfassung muss d'Propositoun N° 7700 no engem Intervall vun op d'mannst dräi Méint nom éischte Vott duerch en zweete constitutionnelle Vott vun der Chamber adoptéiert ginn. Den zweete Vott kann duerch e Referendum ersat ginn, wann op d'mannst 16 Deputéiert oder 25.000 Wieler, déi an de Wielerlëscht fir d'Legislativwahlen agedroen sinn, dat froen.

De ganze parlamentareschen Dossier kann op der Websäit [www.chd.lu](https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution) consultéiert ginn (<https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution>).





# SOMMAIRE

## 31<sup>E</sup> SÉANCE - Mardi 25 janvier 2022

Présidence : M. Fernand Etgen, Président, et M. Marc Spautz, Vice-Président

|    |                                                                                                                           |   |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   |
|----|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|---|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| 1. | OUVERTURE DE LA SÉANCE PUBLIQUE                                                                                           | - | M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                       |
| 2. | COMMUNICATIONS                                                                                                            | - | M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                       |
| 3. | ORDRE DU JOUR                                                                                                             | - | M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                       |
| 4. | CHANGEMENT DE COMPOSITION D'UNE DÉLÉGATION PARLEMENTAIRE LUXEMBOURGEOISE AUPRÈS D'UNE ASSEMBLÉE INTERNATIONALE            | - | M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                       |
| 5. | 7700 - PROPOSITION DE RÉVISION DES CHAPITRES I <sup>ER</sup> , II, III, V, VII, VIII, IX, X, XI ET XII DE LA CONSTITUTION | - | Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Mars Di Bartolomeo<br>Discussion générale : M. Léon Gloden (interventions de M. Fernand Kartheiser, Mme Josée Lorsché, M. Gilles Baum et M. Dan Kersch) - Mme Simone Beissel - M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel) (interventions de M. Léon Gloden et M. Gilles Baum) - M. Charles Margue - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Claude Wiseler, M. le Premier Ministre Xavier Bettel, Mme Simone Beissel, M. Fred Keup, M. Dan Kersch et M. Sven Clement) - Mme Myriam Cecchetti - M. Sven Clement (interventions de M. Yves Cruchten et M. Mars Di Bartolomeo) - M. Yves Cruchten - M. Mars Di Bartolomeo<br>Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État<br>Premier vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution |
| 6. | DÉPÔT D'UNE DEMANDE D'ORGANISATION D'UN REFERENDUM TEL QUE PRÉVU À L'ARTICLE 114, ALINÉA 3 DE LA CONSTITUTION             | - | Exposé : M. Fernand Kartheiser<br><br>Au banc du Gouvernement se trouve :<br>M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État<br><br>(La séance publique est ouverte à 14.31 heures et close à 17.58 heures.)                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                  |



<https://www.chd.lu/ArchivePlayer/video/3532.html>

### 1. OUVERTURE DE LA SÉANCE PUBLIQUE

**M. Fernand Etgen, Président.** - Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Nee, Här President.

### 2. COMMUNICATIONS

**M. Fernand Etgen, Président.** - Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Bureau deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

An d'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzungswoch deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

### COMMUNICATIONS DU PRÉSIDENT - SÉANCE PUBLIQUE DU 25 JANVIER 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

**7950** - Projet de loi relatif au financement de l'action SuperDrecksKëscht

**Dépôt :** Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 18.01.2022

**7952** - Projet de loi portant changement de limites entre la Commune de Berdorf et la Commune de Consdorf

**Dépôt :** Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, le 18.01.2022

**7953** - Projet de loi portant approbation de l'Accord portant extinction des traités bilatéraux d'investissement entre États membres de l'Union européenne, signé à Bruxelles, le 5 mai 2020

**Dépôt :** M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 19.01.2022

**7954** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

**Dépôt :** M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, le 19.01.2022

**7955** - Projet de loi modifiant

1° la loi modifiée du 3 août 2005 concernant le sport et

2° la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du travail

**Dépôt :** M. Georges Engel, Ministre des Sports, le 19.01.2022

**7956** - Projet de loi autorisant le Gou-

vernement à acquérir un vélodrome et à participer au financement des travaux nécessaires à la construction des équipements et aménagements nécessaires à son exploitation

**Dépôt :** M. Georges Engel, Ministre des Sports, le 19.01.2022

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

**2200** - Demande de pétition publique : Arrêt des tests Covid sur les enfants

**Dépôt :** M. Jérôme Houbardon, le 19.01.2022

**2201** - Demande de pétition publique : Abschaffung der Maskenpflicht in den Schulen

**Dépôt :** M. Rasim Cosic, le 19.01.2022

**2202** - Demande de pétition publique : Manner Käschte fir laktose- a gluten-fräi Produkter

**Dépôt :** M. Luca Donner, le 20.01.2022

**2203** - Demande de pétition publique : Géint eng systematesch Erhéijung vum Mindestloun, ouni och déi aner Salariéë gläichwäerteg ze behandelen

**Dépôt :** M. Alain Lorang, le 20.01.2022

**2204** - Demande de pétition publique : Pour la reconnaissance des responsabilités pénale et financière personnelles des membres du Gouvernement et députés ayant voté au moins une fois favorablement à l'application du Covid-Check et/ou obligation vaccinale contre la Covid-19, en cas d'effet

secondaire suite à une injection contre la Covid-19

**Dépôt :** M. Guillaume Torres, le 20.01.2022

**2205** - Demande de pétition publique : Amplitudes de travail correctes pour les chauffeurs de bus du secteur privé

**Dépôt :** M. Alvaro Alexandre Da Costa Sabido, le 21.01.2022

**2206** - Demande de pétition publique : Ein Tag ohne News über Covid

**Dépôt :** M. Joseph Arnoldy, le 21.01.2022

**2207** - Demande de pétition publique : Destitution du Docteur Schockmel au sein du conseil scientifique luxembourgeois. «En effet, nous avons attendu trop longtemps!»

**Dépôt :** M. Yannick Astgen, le 22.01.2022

**2208** - Demande de pétition publique : Solar-Recht fir jiddereen

**Dépôt :** M. Jean-Pierre Hein, le 23.01.2022

**2209** - Demande de pétition publique : Dringend Verstärkung vun der Sécherheet op der Escher Gare. / Net just an der Gare, mee och intensiv op der Busgare zu Esch. / De Busdingscht ass bedingungslos der Kriminalitéit ausgesat. / Gefuerdert gi Kameraiwwerwaachung, permanent Sécherheetspatrullen a méi Police-präsenz zum Schutz vu Fuерpersonal a Bevölkerung!

**Dépôt :** M. Alain Gales, le 21.01.2022

**2210** - Demande de pétition publique : Fërderung vum Cours „Instruction civique“ an de Schoulen

**Dépôt :** M. Luca Colling, le 24.01.2022

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. ORDRE DU JOUR

Den Ordre du jour, esou wéi d'Präsidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 4. CHANGEMENT DE COMPOSITION D'UNE DÉLÉGATION PARLEMENTAIRE LUXEMBOURGEOISE AUPRÈS D'UNE ASSEMBLÉE INTERNATIONALE

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentareschen Delegatiounen ubelaangt, ass follgend Ännerung agaangen: An der „Délégation luxembourgeoise auprès de la Conférence interparlementaire sur la stabilité, la gouvernance économique et la gouvernance au sein de l'Union européenne“ ersetzt den Här André Bauler d'Madamm Carole Hartmann als effektive Member.

Gëtt et dozou iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?





De Rapporteur, den Här Mars Di Bartolomeo

(Négation)

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass.

Ass d'Chamber mat dëser Ännerung averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 5. 7700 - PROPOSITION DE RÉVISION DES CHAPITRES IER, II, III, V, VII, VIII, IX, X, XI ET XII DE LA CONSTITUTION

Den eenzege Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass d'Verfassungs-ofännerung 7700, déi d'Kapitelen iwwert d'Organisatioun vum Staat, dem Territoire, de Bierger, dem Staatschef, der Monarchie, de Gemengen an den Iwwergangsdispositiounen ofännert.

Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Léon Gloden, d'Madamm Simone Beissel, den Här Charles Margue, den Här Fernand Kartheiser. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Verfassungs-ofännerung, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

#### RAPPORT DE LA COMMISSION DES INSTITUTIONS ET DE LA RÉVISION CONSTITUTIONNELLE

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Kollegeginnen a Kollegen, et ass fir mech eng Eier, haut am Numm vun eiser Institutiounskommissioun de Rapport zum zweete Kapitel vun eiser Verfassungsrevisioun, dem Projet de révision 7700, kënnen virstellen, dat, nodeem mer hei am Haus jo schonn den 20. Oktober vum leschte Joer dat Kapitel iwwert d'Justiz ënnert dem

Rapporteur Léon Gloden am éischte Vott gestëmmt hunn.

Nach ni - nach ni! - ware mer eisem Zil, eis Verfassung un déi haiteg gesellschaftlech, institutionell a sozial Realitéiten erunzeféieren, esou no. Dat verdanke mer enger gudder Zesummenaarbecht an der Institutiounskommissioun an der exzellerter Viraarbecht, déi an deene leschte 15 Joer an der Kommissioun, awer och am Dialog no bausse geleescht gouf. Dofir e grouse Merci.

E spezielle Merci menge Virgänger Paul-Henri Meyers an Alex Bodry souwéi der Madamm Carole Closer, déi eis Aarbechte mat grousser Kompetenz begleet.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Am zweete Kapitel vun de Verfassungsrevisiounen geet et ëm eis Staatsform, de Staatschef - de Grand-Duc -, déi konstitutionell Monarchie, d'Regierung, d'Relatiounen tëscht Staat a Glawensgemeinschaften, d'Gemengen an nach munches méi. Och d'Berufschamberen als wichteg Element vum Sozialdialog kommen nei an d'Verfassung.

Allgemeng gi mat dësem Deel vun de Verfassungsrevisiounen eis Institutiounen duerch déi nei Texter gestärkt an dat wäert och bei deenen anere Projeten oder Propositionen de Fall sinn.

Am éischten Deel vun der Proposition 7700 hu mer an den Artikelen 1 bis 8 déi weesentlech Elementer vun eiser Staatsform regroupéiert. Mir halen dat Bewäertent bái a schreiwen eng Rei vun Neierunge mat héijem Erëmerkungswäert op d'Visittekart vun eise Land.

Lëtzebuerg ass a bleift eng parlamentaresch Demokratie, eng konstitutionell Monarchie, déi op Prinzippe vum Rechtsstaat an dem Respekt vun de Mënscherechter baséiert. De Respekt vun de Mënscherechter an

dass eise Staat en État de droit ass gëtt déi éischte Kéier explizitt an der Verfassung festgehalen - wichtig, ganz wichteg!

Lëtzebuerg ass a bleift e Staat, dee fräi, onofhängeg an ondeelbar ass. Et gëtt deemno un den aktuellen Dispositiounen näischt geännert. Nei ass awer d'Festschreiwung vun eise Staatssymboler an d'Verfassung. D'Lëtzebuerger Sprooch, de rout-wäiss-bloe Fändel, de Wopen, de Wopen an eis Nationalhymn, ginn an der Verfassung verankert. Um Prinzip vun der Méisproochegkeet vun eise Land, déi eng grouss Tromp och ass fir eis an der Welt, ...

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - ... gëtt awer näischt geännert. D'Lëtzebuerger Sprooch: wichteg fir eis, fir den Zesammenhalt hei am Land; d'Méisproochegkeet, fir d'Importenz vu Lëtzebuerg an der Welt kënnen ze verdeedegen - ech mengen, dat ass eng gutt Mëschung.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Et gëtt keen anert Land, dat wéi mir Lëtzebuergesch schwätzt. Et gëtt och kaum en anert Land, dat esou méisproocheg ass wéi mir. Dat musse mer als dat ugesinn, wat et ass: extreem, extreem positiv fir eise Land!

Nei ass och, dass eis Verbonnenheet zu der europäescher Gemeinschaft an eise Grondgesetz kënnt.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Dat huet näischt mat Souveränitätsverloscht ze dinn, well déi Verträge, déi dat festgehalen hunn, sinn um demokratesche Wee verofschit ginn! A wa mer net méi wëilten un déi Verträge gebonne sinn, da gëtt et och Méiglechkeeten, fir déi ze kënnegen. Wien dat awer wëllt, soll e bëssen no Weste kucken a sech da seng Gedanken doriwwer maachen.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Eis Hauptstadt réckelt an eise Propositionen ganz no vir a gëtt als Sëtz vun eisen Institutiounen verankert.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Dir kënnt lech erënnere: D'Hauptstad war/ass an der jëtzege Verfassung an deenen hënneschten Artikelen genannt. Och d'Hauptstad huet e groussen Erëmerkungswäert fir eise Land!

Am zweeten Deel, den Artikelen 32 bis 49 vun eiser Revisiounsproposition, geet et ëm de Grand-Duc, eise Staatschef, an déi konstitutionell Monarchie. Den Artikel 32 hält explizitt fest, dass de Grand-Duc eise Staatschef ass. A fir eventuellen Diskussiounen virzepräifen, firwat dass do just „Grand-Duc“ steet: Sollt an der Trounfolleg eng Fra nokommen, dann ass et selbstverständlech, dass dee Begrëff och dat ofdeckt. An dat gëllt och fir déi aner Termen, déi mat „Staatschef“ zesammenhängen - ech ënnersträichen: Trounfolleg.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - De Grand-Duc erfëllt dës Fonctioun, dës Missioun, andeems hien de Staat representéiert an d'Symbol vun der Unitéit a vun der nationaler Onofhängegkeet ass. Seng Persoun ass, an dat gëtt garantéiert vun der Verfassung, inviolable.

U sech iwwerhëlt den Artikel 32 den éischte Saz vum aktuellen Artikel 33, mee en definéiert dem Staatschef seng Missiounen méi kloer. Seng Roll an enger parlamentarescher Demokratie gëtt op kee Fall geschwächt. An ech géif soen, dass de Grand-Duc mat senger Aart a Weis, wéi e säin Amt féiert, déi nei Texter schonn anticipéiert huet. De Grand-Duc exercéiert zesumme mat der Regierung d'Exekutiv, wat och nei festgehalen gëtt, selbstverständlech mam Contresing

vun der Regierung, an huet keng aner Pouvoir wéi déi, déi vun der Verfassung a vun de Gesetzter festgeluecht ginn, wat elo näischt Neies par rapport zum aktuellen Text ass.

D'Dispositioun iwwert den État de crise, bis elo den Artikel 32 Paragraph 4, ass elo am Artikel 36 erëmfannen. Do ginn et keng Ännerungen. An de rezenten Artikel, deen ass nach net al, huet sech jo och an der jëtzege Kris méi wéi bewäert.

D'Reegele fir den Zougang zu der Fonctioun vum Grand-Duc, fir seng Odfankung a fir d'Regentschaft, wa se dann noutwendeg wäeren, kommen elo an d'Verfassung an et gëtt net méi op de sougenannte Familljepakt vum Haus Nassau verweisen. Et ass richteg a wichteg, dass dat Reegelwierk ronderëm eise Staatschef net an engem privatrechtleche Vertrag, mee an der Verfassung verankert gëtt. Dat gëtt dem Staatschef och eng ganz aner Sécherheet, wéi wann dat an engem Familljepakt verankert ass. Och do gëtt näischt ewechgeholl, mee et gëtt a Bëton gegoss.

Am Allgemenge gëtt dobäi d'Roll vun der Chamber gestärkt. An och an deem Fall, wou de Staatschef net méi kéint oder wëllt seng verfassungsméisseg Roll erfëllen, hu mer hei Dispositiounen virgesinn. Kee wëllt dat. Kee wëllt an esou eng Situatioun kommen. Mee wann dat Onwarscheinlech, dat kee vun eis wënscht, sollt antrieden, dann ass et sécher besser, dass mer eng kloer Reegel mat ville Garantien hunn, wéi wa mer eis dann eréischt mat där Fro misste befaassen. A mir sinn net dat eenzeg Land, dat fir esou Situatiounen virsuergt, fir wann dat Onwarscheinlech géif virkommen.

Deen neien Text séichert dann dem Grand-Duc déi néideg personell a finanziell Mëttelen, fir dass hie seng Fonctiounen, seng representativ Verflüchtungen kann erfëllen. Hei hält den neien Artikel 42, deen den aktuellen Artikel 43 ersetzt, fest, dass de Grand-Duc, de fréiere Grand-Duc, de Grand-Duc héritier, de Regent an de



Lieutenant-Representant eng järelech Dotatioun vum Staatsbudget kréien. An der jëtzege Verfassung steet nach, dass de Grand-Duc järelech 300.000 Goldfrang zegutt huet – ech hat bal gesot „Golddukat“ –, e Beispill dofir, dass mer eis Verfassung un eis Zäit, un d'Realitéit mussen upassen.

Et ass hei an do monéiert ginn – „monéiert“ ass dann dee richtegen Term –, dass an eise Text de Grand-Duc net méi d'Recht huet „pour battre la monnaie“. Ech muss soen, dass zënter Längerem déi Kompetenze bei eiser Zentralbank leien an dass och näischt déi Zentralbank dorun hënnert, fir Mëzen a Geldschäiner mat eise Grand-Duc drop ze drécken oder ze prägen. Och hei mengen ech, dass d'Zäit net méi déi ass, wou een aus Gold Mëze géisst.

An dësem Artikel kritt de Grand-Duc och d'Basis, fir seng Verwaltung, d'Maison du Grand-Duc, am ëffentlechen Interêt ze organisieren. Dës Administratioun kritt eng eege Rechtsperséinlechkeet. Am neien Artikel 38 gëtt festgehalen, dass de Grand-Duc d'Fonctionnaires ernannt. Par rapport zum aktuellen Artikel 35 gëtt de Fonctionnairesstatut awer duerch e Gesetz gereegelt. Den neien Artikel 40 limitéiert dem Grand-Duc säi Recht, Adelstitelen ze conferieren op Membere vun der groussherzoglecher Famill.

Een Artikel, dee fir vill Diskussiounen gesuergt huet, ass den Artikel 41, deen elo festhält, dass de Grand-Duc den Titel vum Kommandant vun der Armée dréit, mee dass den effektive Kommando vun der Armée ënnert der Responsabilitéit vun der Regierung ausgeübt gëtt.

Dir gesitt, d'Kapitel iwwert de Grand-Duc preziséiert vill Saachen an en cadréiert seng Fonctioun an hir Ausübung besser a méi realitéitsno. Et sief just drop higewisen, dass déi Dispositioun iwwert den Titel vum Kommandant vun der Armée erëm vun eis an d'Propositionen eragesat ginn ass. Dat war bei der Gesamtreform 6030 net méi de Fall.

An den Artikelen 76 bis 83 ginn d'Propositionen iwwert d'Regierung preziséiert an un d'Realitéit ugepasst. Sou féiert d'Regierung déi allgemeng Staatspolitik. Dës Dispositioun ass et esou an der jëtzege Verfassung net ginn. D'Regierung als dat eigentlecht Exekutivorgan organiséiert sech selwer a kritt déi Plaz, déi hir an enger parlamentarescher Demokratie vun haut zousteet, an dat ënnert der Kontroll vum Parlament.

Den Artikel 77 gesäit d'Zesummesetzung vun der Regierung vir. Dëst ass och nei, jiddefalls eng ganz Rei vu Präzisionen, well an der jëtzege Verfassung nëmme stoung, dass d'Regierung aus mindestens dräi Membere bestoe géif. Elo gëtt prezis festgehalen, dass si aus engem Premier, engem oder méi Vizepremieren, aus Ministere an gegebenefalls Ministres délégués a Staatssekretäre bestoe kann.

An dësem Artikel ass dann och d'Formule vum Eed vun de Regierungsmembere niddergeschräwwen. Dat ass et bis elo och nach net an der Verfassung ginn. Wat bleift, sinn d'Inkompatibilitéite vun de Regierungsmembere, déi et de facto scho gëtt, mee déi elo an d'Verfassung ageschräwwen ginn.

Den Artikel 80 gesäit vir, dass de Premierminister der Regierung hir Aarbecht koordinéiert an doduerch fir eng eenheetlech Linn an der Regierungsaarbecht suert. De Premier gëtt vun der Verfassung als – ech wollt bal soen, de Kapitän –, mee de Primus inter pares definéiert.

Fir déi éischte Kéier gesi mer de Prinzip

vun der Séparation des pouvoirs an eiser Verfassung vir.

D'Vertrauensfro fënnt sech och elo an eise Grondgesetz erëm, an zwar gesäit den Artikel 82 vir, dass all nei zesummegehaltene Regierung muss fir d'éischt d'Vetraue vun der Chamber kréien, dat heescht, si muss duerch e Vott dëst Vertraue kréien.

Et ass och virgesinn, dass de Premier kann – nëmmen hie kann dat – d'Vertrauensfro vun der Regierung virun der Chamber stellen, an dëst an dem Kader vun der Adaptatioun vun engem Gesetz oder och enger Regierungsdeklaratioun. An der Realität diskutéiert de Premier dat virun am Regierungsrot a geet eréischt da virun d'Chamber.

D'Chamber ka vu sech aus Mësstrauensantrag deposieren, mat deene si hiert Vertraue an d'Regierung zréckzitt oder – oder verlängert. Dëst ass e politesche Moyen vun de gewielte Volleksvertreder par rapport zu der Regierung.

Wann d'Regierung während der Legislatur oder de Moment vun hirer Kompositioun d'parlamentarescht Vertraue verléiert, da muss de Premier d'Demission vu senger Regierung dem Staatschef presentieren. Während

elo eng zivill a stroferechtlech Immunitéit fir Meenungsäusserungen am Kader vun hirer Fonctioun. Dëst ass de Prinzip vun der Immunité juridictionnelle, dee sech un der belscher Verfassung inspiréiert, an et ass de Corollaire zu der Immunité vun eisen Deputéierten.

Donieft hunn d'Regierungsmembere awer déi stroferechtlech Responsabilitéit.

An deem neie siwente Kapitel geet et ëm d'Force publique, déi allgemeng staatlech Verwaltung an d'Finanze souwéi ëm d'Relatioun tëschent dem Staat an de Glawensgemeinschaften.

Am aktuellen Artikel 95 gëtt den Term „Armée“ nach benotzt. Dat ass am neien Artikel 97bis net méi de Fall, well mir benotzen elo den Term „Force publique“, fir besser den Ensembl vun der Force publique ze bezeichnen. Ënnert deen Term fällt och elo niewent der Armée d'Police.

Den aktuellen Artikel 97 gëtt och an den Artikel 97bis erageholl, an deem d'Commission de Venise eng Kritik formuléiert huet, gëtt och elo en Dispositif virgesinn, dee beseet, dass et d'Autorisation vun der Regierung (veuillez lire: vun der Chamber)

vun der Cellule d'expertise vun eiser Chamber am Zesammenhang mat de SuperDrecksKëscht-Vertrag an der Diskussioun. An do hu sech och eng Rei vu Froe gestallt. Mir waren eis awer eens, dass mer hei am Rumm vun de Verfassungsrevisionen net aus der Héft sollt schéissen, mee dat mat rouegem Kapp sollt préiwen an da gegebenefalls an der Praxis dat maachen, wat sech opdrängt.

Am neien Artikel 102 gëtt de Prinzip vun der Trennung vu Kierch a Staat verankert. Hei ginn d'Konventionen, déi vum Staat an de Glawensgemeinschaften ënnerschräwwen gi sinn, en compte geholl. An der iwwerschafter Verfassung steet elo, dass d'Relatiounen tëschent dem Staat an de Glawensgemeinschaften gesetzlech gereegelt kënnen ginn. Et ass méiglech, dass dës Bezéiungen duerch Konventionen, déi den Accord vun der Chamber musse fannen, méi genee definéiert ginn. Zäitgläich suppriméiert dës nei Dispositioun och d'Verpflichtung fir de Staat, d'Pensiounen an d'Paie vun de Geeschtlechen ze iwwerhuelen. Den Artikel 102 ass also d'Resultat vun Accorden, déi 2015 vu 55 Deputéierten adoptéiert gi sinn an déi och de Geriichtsurteeler standgehalen hunn.

An den Diskussiounen an der Kommission war d'Fro opgeworf ginn, ob d'Gemengereglementer, d'Polizeireglementer dës Dispositionen géife standhalen. D'Institutionskommission war eestëmmege der Meenung, dass d'Gemengegesetz dat zur Genüge ofsécher an hei de Pouvoir vun de Gemenge kengesweegs geschmälert gëtt – wichteg awer, dat ze ënnersträichen!

Ganz positiv ass, dass d'Berufschamberen an eise Propositionen hir Plaz als wichtige Facteur vum Sozialdialog an der Verfassung fannen.

Zu gudder Lescht iwwerhuele mer déi bisheereg Prozedur bei de Verfassungsännerungen.

Den Artikel 114 gesäit vir, dass d'Reegele vun der Successioun op den Troun vum Grand-Duc sech déi éischte Kéier bei der Successioun vum Grand-Duc Henri, also net retroaktiv applizéieren.

Nodeems d'Proposition de révision 7700 – da kommen ech zur Prozedur – de 17. November 2020 deposéiert ginn ass, krute mer eng ganz Rei vun Avisen, op déi ech nëmme ganz kuerz aginn, a fir den Detail weisen ech op de schrëftleche Rapport hin.

De Grand-Duc Henri © Maison du Grand-Duc - Sophie Margue



d'Regierung demissionnaire ass, also virun hirer Opléisung steet, ka si nach déi allgemeng Regierungsgeschäfte provisoersch weiderféieren, dëst, bis déi nei gebilte Regierung untrëtt. Dëst ass an der aktueller Verfassung esou net virgesinn.

Wat immens wichteg war fir ze iwwerschaafen, war d'Responsabilitéit, also d'Rechenschaftspflicht vun de Regierungsmembere an der Regierung. Dat hu mer gemaach. Mir gesinn elo an der Verfassung de Prinzip vun der Responsabilitéit politique vun de Regierungsmembere vir. Den Artikel 83 ass ganz nei a geet vill méi wäit wéi den aktuellen Artikel 78. Dëst ass e fundamentale Prinzip vun alle parlamentaresche Regimere. All Regierungsmember an d'Regierung als Ganz sinn elo virun der Chamber verantwortlech a musse sech virun hir veräntweren, wann dat noutwendeg ass. Am Kloertext heescht dat, dass all Minister, deen Titulaire vun engem Ressort ass, sech muss während deem ganzen Exercice virun deene verantworten, vun deenen hien de Pouvoir kritt.

Vun dem Deputéierteregime inspiréiert hunn d'Regierungsmembere

brauch, ier d'Force publique am Ausland kann intervenéieren. All Krichserklärung – ech gi jo net dovun aus, dass Lëtzebuerg eng Kéier de Krich erkläert, ausser wann dat de Fall wär an deene Bündnisser, wou mer mat dra sinn – an all Engagement vun eiser Force publique am Ausland mussen also fir d'éischt vun der Chamber autoriséiert ginn. Bis elo war dat net an der Verfassung festgehalen. Duerfir och déi Kritik vun der Wiener Kommissioun (veuillez lire: vun der Venedeg-Kommissioun).

An der zweeter Sektoun vun dësem Deel geet et ëm d'Finanzen. Hei ännert sech elo näischt Dramatesches, mee virun allem sinn déi aktuell Dispositionen regroupéiert ginn.

Am Artikel 99 ginn den aktuellen Artikel 99 vum zweete bis de siwente Saz an den Artikel 103 zesummegeholl. An dëser Dispositioun geet et ëm den Emprunt, d'staatlech Immobilien an d'Biens mobiliers, Aliénatiounen, Vertrag an Acquisitiounen. An dësen Dispositionen ginn et e puer Ëmformuléierungen, mee de Fong ass d'nämmleche bliwwen. Deen Artikel war an deene leschte Wochen an elo ganz rezent mam Avis

**Une voix.** – Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** – Dat drëttlescht Kapitel betrëfft d'Gemengen. Den neien Text iwwerhëlt am grouse Ganzen d'Bestëmmungen, déi am aktuellen Text fir d'Verfassung gëllen.

Neierdengs kann de Gemengerot ënner bestëmmte Bedéngunge speziell Steieren decidéieren, déi am Interêt vun der Gemeng noutwendeg sinn. An der aktueller Verfassung ass dee Pouvoir net virgesinn.

Nei an dëser Dispositioun ass awer och, dass de Staat derfir suerge muss, dass d'Gemengen iwwert déi noutwendeg Moyene verfügen, fir hir Missiounen ze erfüllen. Esou ass och festgehalen a vun der europäescher Charta iwwert d'kommunal Autonomie inspiréiert, dass all Gesetz, dat de Gemengen nei Missiounen conferéiert, hinnen och déi noutwendeg Mëttelen zur Verfügung stellt.

Nei ass den Artikel 108, dee virgesäit, dass d'Gemenge kënnen eleng oder zesumme mat anere Gemenge kommunal oder interkommunal ëffentlech Aariichtungen grënnen.

Den 9. März 2021 ass den éischten Avis vum Staatsrot komm. Wichteg ass awer ze wëssen, dass de Conseil d'État jo schonn detailléiert Avisen zur geplangter Gesamtreform 6030 gemaach hat an op déi Dispositionen, déi mer iwwerholl hunn, net méi weider agaangen ass.

De Staatsrot war elo ënner anerem der Meenung, dass een déi Dispositioun, déi dem Grand-Duc den Titel vum Kommandant vun der Armée sécher, sollt sträichen. E war domat net eleng. Et waren och eng Rei vun anere berodenden Instanzen, déi an déi dote Richtung argumentéiert hunn. D'Kommissioun war anerer Meenung an dat soll een och esou soen.

De Staatsrot huet duerno nach zwee Avis-complémentaires ausgeschafft.

Niewent dem Staatsrot sinn nach sëlleg aner Organer intervenéiert. De 26. März 2021 huet d'Chamber vun de Fonctionnaires hiren Avis ofginn. D'Staatsbeamtekummer huet de 7. Oktober 2021 en Avis complémentaire agereecht, an deem si, och wéi de Staatsrot a sengem éischte complémentaires Avis, d'Abrogatioun vum Artikel iwwert den eegene Statut vun de



Gemegefionctionnairen net verstinn an nach eng Kéier op d'Suppressioun vum Artikel, deem ech virdru genannt hunn, insistéiert hunn.

Den 19. Abrëll 2021 ass den Avis vum Syndicat des villes et communes, dem Syvicol, agereecht ginn. Do stellt de Syvicol sech d'Fro, wéisou de Legislateur decidéiert huet, de Gemengen den Enseignement aus hire Kompetenzen ze huelen. Si verlaangen déi Kompetenz nees erëm.

D'Cour administrative huet de 15. Juli en Avis formuléiert, an deem si d'Integratioun vum Prinzip vun der Non-rétroactivité an den neien Texter proposéieren. Derniewent ass d'Cour der Meenung, dass et eng Valeur ajoutée wär, wann d'PANC, d'Procédure administrative non contentieuse, an der Verfassung verankert géif ginn.

Den 2. Februar (veuillez lire: De 25. Februar 2021) huet och d'Regierung Stellung bezunn. D'Regierung ass am grouse Ganzen zefridde mat der Aarbecht, déi bis dohinner gelescht ginn ass, besonnesch, wat dat neit Kapitel iwwert d'Organisatioun vun der Regierung ugeet, wou zum Beispill festgehalen gëtt, dass d'Regierung den zentrale Punkt am Pouvoir exécutif ausübt.

D'Berufschamberen hirersäits hunn e gemeinsamen Avis ausgeschafft. Si hunn hir Verankerung an der Verfassung begréisst.

Zum Schluss nach e puer Wuert zur Prozedur: Den 2. Dezember 2021 huet d'Institutionskommissioun de schrëftleche Rapport bei enger Géigestëmm an enger Enthaltung, also mat enger ganz grousser Majoritéit, ugeholl.

(M. Marc Spautz prend la présidence.)

Wa mer haut dës Revisiounspropositioun unhuelen, kënnen mer fräiestens no dräi Méint den zweete Vott maachen. Selbstverständlech kann och den Artikel 114 vun der jëtzege Verfassung spille betreffend de Referendum, deem den zweete Vott kéint ersetzen.

Dës Propositioun géif, wa se definitiv verofschit ass, also nom zweete Vott oder no der Alternativ dozou, wa se positiv wär, den éischten Dag vum sechste Mount no der Verëffentlechung a Kraaft trieden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kollegen, eis Chamber huet während deene verschiddenen Etappe vun der Verfassungsrevisiounen d'Ëffentlechkeet mat agebonnen an elo ganz rezent eng liicht verständlech an objektiv Broschür ausgeschafft, déi dës Deeg un all Haushalter verdeelt gëtt. Och hu mer en Dokument ausgeschafft, dat d'aktuell Verfassung an d'Ännerungen, déi ech elo presentéiert hunn, op eng ganz iwwersichtlech Aart a Weis vergläicht. Een, dee sech also wëllt informéieren, fënnt alles, wat e brauch. A wann e ganz an d'Déift wëllt goen, da geet en op de Site vun der Chamber, wou wirklech alles, wat mer u Virarbechte gemaach hunn, erëmfannen ass.

Une voix.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Schnell - an do kucken ech hannert mech op de President - wäert och de Compte rendu iwwer eis Diskussiounen vun haut als Bäilag zu den Dageszeitungen, esou wéi dat de Compte rendu ass, bei d'Leit kommen.

Zur Konkusioun: Och dëst Kapitel ass keng Revolutioun, keng Ëmwälzung, mee eng Evolutioun, eng Bréck an dat 21. Joerhonnert.

Une voix.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Mir hunn eis vill Méi gemaach, fir dat Bewäertent, eis Wäerter ofzesécheren ...

Une voix.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - ... an do Upassungen ze maachen, wou d'Texter weesentlech Lacunnen haten oder der Realitéit net méi entsprach hunn - ech hunn e puer Beispiller dovu genannt. Stoen ze bleiwe war fir déi grouss Majoritéit an der Institutionskommissioun keng Optioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Et bleift mir nëmmen nach, all deene Merci ze soen, déi mat ugepaakt hunn, a gläichzäiteg och den Accord vun der LSAP-Fraktioun ze ginn.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet a virun allem Merci fir déi ganz gutt an intensiv Zesummenaarbecht. Merci vun Häerzen.

Plusieurs voix.- Très bien!

**M. Marc Spautz, Président de séance.** - Merci dem Rapporteur, dem honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabele Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- Den Här Gloden.

**M. Marc Spautz, Président de séance.** - Dat hunn ech gesot.

DISCUSSION GÉNÉRALE

**M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Erlaabt mer, fir d'éischt e grouse Merci ze soen. Mir foussen haut op enger Aarbecht, déi vun eise Virgänger gemaach ginn ass. Ech wëll hei un de Paul-Henri Meyers an och un den Alex Bodry erënneren, d'Virgänger vum Kolleeg Mars Di Bartolomeo als President vun der Institutionskommissioun.

De President huet ganz ville Leit haut hei Merci gesot. Ech erlabe mer, am Numm vun der Kommission an och vun deene véier Corapporteren, dem President e ganz häerzleche Merci ze soe fir seng jovial a kollegial Aart a Weis, wéi mer an dësem Dossier virgaange sinn. En hat d'Gespier fir d'Sensibilitéit vun deene verschiddene Parteien. An datt mer haut weider d'Schëff an de sécheren Hafe kréien, ass e grouse Meritt och vum Kolleeg Mars. Duerfir merci an nach eng Kéier merci un all déi aner, déi eis encadréieren a gehollef hunn.

Plusieurs voix.- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Här President, et geet haut, wéi mir et soen, ëm d'Kapitel 2. Et geet ëm d'Fundamenter, ëm d'Organisatioun, ëm d'Strukture vun eisem Staat. Et geet ëm eist Haus Lëtzebuerg; wie mer sinn, vu wou mir kommen. Mir wëlle bleiwen, wat mer sinn, an duerfir däerfe mer net stoe bleiwen.

Une voix.- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - D'DNA vun eisem Land, wat ass dat? Mir sinn e Grand-Duché, deen eenzeg an dëser Welt. Et ginn nach e puer Duchéen, mee mir sinn deen eenzege Grand-Duché. Dat ass och, wann ech dat elo géif am wirtschaftleche Jargon soen, eis Mark an huet eis dobaussen dank dem Staatschef och vill Dieren opgemaach.

Une voix.- Très bien!



**M. Léon Gloden (CSV).** - Mir sinn eng parlamentaresch Demokratie a mir hunn eng verfassungsrechtlech Monarchie. D'Souveränitéit läit bei der Natioun, also bei eis. An Zäiten, Här President, wou dobaussen eng Minoritéit op der Strooss verbreet, datt se an dësem Land géif an enger Diktatur wunnen a liewen, hätt ech ni geduecht, datt ech hei um Mikro misst erëm eng Kéier de Wäert an d'Wichtigkeet ënnersträichen, datt mer an enger Demokratie liewen.

Plusieurs voix.- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Fir mech ass dat eng Selbstverständlechkeet. An all déi Leit, déi dobaussen ënner engem Panneau oder mat engem Panneau „Diktatur“ matlafen oder initiéieren, solle mol an e Land goe wéi Syrien, solle mol an Diktature goen a sollen déi Leit aus deem Land hei op Lëtzebuerg invitéieren! Déi wieren direkt bereet, heihinnerzekommen. An déi aner sollen emol kucke goen, wat eng Diktatur ass!

Plusieurs voix.- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Lëtzebuerg ass e Rechtsstaat, bleift e Rechtsstaat, setzt sech a fir d'Mënscherechter a wäert déi och ëmmer respektéieren.

Plusieurs voix.- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - All Pouvoir geet vun der Natioun aus, an dat ass och gutt esou. De Souverain ass d'Volek an d'Volle delegéiert d'Ausübung dovunner un déi gewielte Volleksvertreder. An dësem Land decidéiert net nëmmen een, mee et ass den Ancrege vum Zesummeschaffe vu verschiddene Institutionen, deen dëst Land virubréngt.

Komme mer dann zu der nationaler Identitéit an eiser Verfassung. Historesch gesinn ass dat hei e grouse Moment, Här President. Et ass déi éischte Kéier an der Geschicht vun dësem Land, datt d'Sprooch, d'Lëtzebuurger Sprooch mat senger Méisproochegkeet, de Lëtzebuurger Fändel an d'„Heemecht“ an d'Verfassung ageschriwwen ginn. Dat ass keen anodiné Gest. A wann ech mat Kolleeginnen a Kollegen aus anere Länner schwätzen, verstinn déi am Fong net, datt dat esou laang gedauert huet. Mir hu praktesch déi eenzeg Verfassung op der Welt, wou dräi Haaptmerkmalen vun enger Natioun bis haut net drastinn.

Dat hei ass en historesche Schrëtt a mir sollen dat och net midd ginn ze ënnersträichen.

Une voix.- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Mir schreiwen also ganz kloer, och wann d'ADR dat

anescht mengt, eis national Identitéit an dës Verfassung!

Plusieurs voix.- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - An ech soen och ganz kloer, och wann dat haut net den Objet vun der Verfassungsreform ass, mee vum Kapitel vum Simone Beissel: Mir respektéieren de Referendum vun 2015! Et ass ganz kloer, fir d'Chamberswalen, wann een do wëllt wile goen, datt ee Lëtzebuurger muss sinn. Een, deen eppes aneres de Leit dobausse verzielt, verzielt Ligen!

Plusieurs voix.- Très bien!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Doriwwer schwätze mer nach herno!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Jo, mir schwätzen nach eng Kéier driwwer.

(Brouhaha)

„Sans préjudice“ heescht „unbeschadet“, esou vill Franséisch kann ech.

Dann: kloert Bekenntnis, an de Rapporteur ass dorobber agaangen, zu Europa! D'ADR deelt déi Meenung net. Dat ass eng politesch Meenung. Et ass net meng Meenung, et ass net d'Meenung vu ville Parteien, mee eng Partei ass fräi, esou eng Meenung ze verrieden. Dat si keng Fakenews, vun der ADR, well si bekenne sech wirklech net zu der EU.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dat ass falsch!

**M. Marc Spautz, Président de séance.** - Här Kartheiser, den Här Gloden huet d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - An en huet Recht.

**M. Léon Gloden (CSV).** - Här President, et ass ganz kloer, datt e staarkt Lëtzebuerg e staarkt Europa brauch an e staarkt Europa e staarkt Lëtzebuerg brauch.

Plusieurs voix.- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Ech erënnere mech u meng Zäit als Droitstudent zu London, do war eng Kéier vill Niwwel iwwert dem Channel. An do stoung an den engleschen Zeitungen: „Fog in the channel, the continent is cut off.“ Dat ass genau déi Mentalitéit, un där d'Engländer haut ze knaen hu mat hirem Brexit. A gleeft mer et: Wann haut nach eng Kéier de Referendum an England wier, géif doudsécher kee Brexit méi gestëmmt ginn!

Plusieurs voix.- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Da komme mer zu den Institutionen vun dësem Land. An do wëllt ech fir d'éischt,

Här President, eng generell Remark maachen, well déi zielt fir all Institutionen, an dat ass de groussen Atout vun dëser Verfassungsreform, an dësem Kapitel wéi och am Kapitel vum Kolleeg Charles Margue. D'Institutionen gi mat deene jëtzege Ofännerunge krisefest gemaach. Et ass wéi an all Bestietnis: An all Famill kann et eng Kéier net méi esou gutt klappen. Mee da mussen d'Reegele kloer sinn! Bei enger Famill reegelt dat d'Gesetz oder de Contrat de mariage oder d'Testament. Hei reegelt dat d'Verfassung. Wann e Sandkär am Rouage ass vun enger Institution, sief et an der Institution vum Grand-Duc, sief et bei der Regierung, sief et bei der Chamber, steet hei elo ganz kloer, wat d'Prozedur ass, wat d'Delaie sinn, bis erëm all Riedche geuelegt ass, datt et erëm richtig dréit.

An duerfir soen ech ganz kloer, och hei der ADR: Et ass keng Reform géint d'Monarchie vun dësem Land! Et ass eng Reform fir d'Stärkung vun der Institution vum Grand-Duc. Mir féieren de Grand-Duc aus dem 19. Joerhonnert an d'Monarchie vum 21. Joerhonnert.

Plusieurs voix.- Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - A fir d'CSV ass et wichteg, datt mer vum „Grand-Duc“ schwätzen. Am 6030 hu mer de Grand-Duc ëmmer als „Staatschef“ bezeechent. Hei hu mer eng Kéier gesot, datt de Grand-Duc de Staatschef ass, well dat ass seng Fonctioun an dësem Land, an dann hu mer allkéiers vum „Grand-Duc“ geschwat, well mer eis bewosst sinn, datt d'Quasiunanimitéit vun dësem Land sech mat dem Grand-Duc a mat der groussherzoglecher Famill identifizéiert.

An dat ass och e groussen Ënnerschied zu de Kollege vun déi Lénk. Déi wëllen eng Republik aféieren. Si soen et net ganz haart, mee si sollen dann och dat ganz kloer hei um Mikro soen.

De Grand-Duc ass eise Staatschef, hien ass d'Symbol vun der Eenheet a vun der Onofhängegkeet vun eisem Land. Hie steet iwwert de Parteien an en ass inviolabel, e kann also net poursuivéiert ginn. An dat war, ass haut a bleift an Zukunft och de Fall.

Duerfir ass et och selbstverständlech a logesch, datt all Entscheidung vum Grand-Duc vun engem Regierungsmember muss mat ënnerschriwwen ginn. Et ass also falsch ze behapten, wéi ech an der Broschür vun der ADR liesen, datt de Grand-Duc seng Handlungsfäegkeet ageschränkt kritt an datt en zum Spillball vun der Politik géif ginn a sech net méi kéint eppes trauen. Et ass grad, well en iwwert de Parteie steet, well en inviolabel ass, datt en net zum Spillball vun de



politische Parteien gëtt. Och dat ass erëm eng falsch Duerstellung an der Broschür vun der ADR.

Do steet dann och, muss ech liesen, wann e sengen Attributiounen net géif nokommen, esou wéi d'Regierung oder soss eng Partei dat mengt, datt e kéint ofgesat ginn. Och dat ass falsch. Dat ass falsch! De Grand-Duc kann nëmmen ofgesat ginn, wann e seng verfassungsrechtlech Attributiounen net exercéiert. Da si mer souwiso an enger institutioneller Kris an da spillen déi Riedercher, da spillen déi Prozeduren, déi mer eeben elo aféieren.

Ech liesen dann och an der ADR-Broschür - jo, ech liese se, mee Dir kritt doduerch d'Wourecht hei gesot, Här Kartheiser ...

*(Hilarité et interruption par M. Fernand Kartheiser)*

D'ADR reprochéiert dann, d'ADR reprochéiert eis, datt, wann de Staatschef stierft oder eeben zu engem Moment net à même ass ze regéieren, d'Regierung d'Pouvoir vum Grand-Duc u sech rässt. Mir hu fir e kleng Moment e Vakuum, well d'Institutioun Grand-Duc, déi Persoun, déi déi Institutioun soll fëllen, se ee Moment eeben net ka fëllen, bis se erëm gesond ass oder bis mer dann de Successeur gestëmmt hunn. Mee de grouss Virdeel par rapport zur jëtzege Verfassung ass, datt mer eng kloer Prozedur dran hunn. An Dir vergiesst ëmmer, den zweete Saz an der Broschür ze soen. Dir sot ëmmer, mir huelen dem Grand-Duc eppes ewech. Nee, de Grand-Duc gëtt gestärkt, well à la fin du jour ass et sécher, datt de Grand-Duc als Staatschef erëm agesat gëtt, d'Persoun vum Grand-Duc als Staatschef erëm agesat gëtt. Dat ass d'Wourecht!

An dann ass et awer och ganz interessant ze liesen an der ADR-Broschür: Am Ufank vun der Broschür steet, datt dës Verfassungsreform ze vill verfassungsrechtlech Attraiten oder Zich aus der franséischer Verfassung dréit, mir hätten do ze vill franséisch Prinzipien iwwerholl.

Op där anerer Säit wëllt Der awer dem Grand-Duc d'Recht ginn, d'Chamber opzeléisen, eng Prerogativ vun engem President vun der franséischer Republik. An ech soen lech, Här Kartheiser, ech soen lech: De Grand-Duc huet och zum Deel dat Recht, mee am Kader vun enger Prozedur, wou all Institutioun seng Roll ze spillen huet! Et ass de Grand-Duc an deem Land, deen den Datum vun de Wale fixéiert.

**Une voix.** - Richtig!

**M. Léon Gloden (CSV).** - A firwat fixéiert en deen? A firwat steet den Delai vun den dräi Méint elo an der Verfassung? Well en iwwert de Parteien steet, iwwert der allgemenger politischer Meinung, well en involabel ass. Dat ass d'Wourecht, Här Kartheiser, a soss näischt.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dat do ass awer schwaach.

**M. Léon Gloden (CSV).** - O, Dir sidd ganz schwaach, Här Kartheiser, Dir sidd ganz schwaach.

*(Brouhaha)*

Da muss ech jo och e bësse schmunzelen, wann op där enger Säit gesot gëtt, de Grand-Duc géif entmuecht ginn, an op där anerer Säit schwätzt d'ADR dem Grand-Duc de Pouvoir of, europäesch Reglementer ëmzesetzen. Entweder dat eent oder dat anert! Hei ass ganz kloer de Beweis, datt de Grand-Duc eng Rei Pouvoiren an deem Land huet.

An ech wëll och eng Kéier drun erënnere, 2013 war ech jo schonn hei, an ech soen et ëmmer mat engem schmunzelnde Mond: Am Fong misst d'CSV nach an der Majoritéit sinn, well 2013, wat hei am Sall geschitt ass, war am Fong verfassungsrechtlech net richtig. De Premier Jean-Claude Juncker huet einfach op eemol gesot: „Ech ginn elo bei de Grand-Duc fir Neiwale.“ Et war keng Prozedur, näischt. An ech erënnere mech, mir hunn alleguer hei, déi deemools schonn hei waren, gekuckt. Am Fong, Här Premier, misst Dir nach do setzen an ee vun eis misst nach ëmmer do setzen.

*(Hilarité)*

**Une voix.** - Très bien!

**Une autre voix.** - De Wieler, Här Gloden, de Wieler.

**M. Léon Gloden (CSV).** - Majo, mir wieren dann aus der Majoritéit an d'Neiwale gaangen.

*(Brouhaha et hilarité)*

**Une voix.** - Et ass scho gutt, wéi den Här Juncker dat organiséiert huet.

**M. Léon Gloden (CSV).** - Här Baum, Dir hat virdu gesot, ech wier richtig gutt.

*(Hilarité)*



**M. Gilles Baum (DP).** - Dir sidd exzellent, Här Gloden, fuert roueg weider.

*(Brouhaha)*

**M. Léon Gloden (CSV).** - Dann och e ganz wichtige Punkt; gëschter, mengen ech, war et an der Press ze liesen an du war mer dat, eierlech gesot, net esou bewusst: Zweek Joer nom Rapport Waringo, wou mer déi ganz Diskussioun geféiert hunn iwwert d'Organisatioun vum Haff, vun der Maison grand-ducale - Dir wësst, datt mir deemools als CSV der Meinung waren, datt et net duergeet, iwwer Reglement ze fueren -, elo endlech kritt dann hei an der Verfassung d'Organisatioun vun der Maison grand-ducale eng verfassungsrechtlech Basis, wat e ganz wichtige Schrëtt ass.

An de Rapportier huet et och gesot, ech mengen, wann ech dobaussen de Leit d'Verfassung erkläert hu mam Recht, also datt de Grand-Duc d'Recht huet, Suen ze drécken: De Grand-Duc huet keng Pressmaschinn méi am Keller hei niewendrun, fir Suen ze drécken.

*(Hilarité)*

Mee wat wichtig ass a wat och richtig ass, och am Sënn vun eisem Land, vu senger Onofhängegkeet: datt wei-

der d'Banque Centrale kann d'Effigie vum Grand-Duc op d'Euroen drécke loosse.

Dann zu dem Titel vum Kommandant vun der Arméi. Haut steet an der Verfassung, datt de Grand-Duc d'Arméi kommandéiert. Mir hate ganz vill Sensibilitéit d'fir, fir dee Lien, deen historesch Lien, muss ee soen, tëschent dem Herrscherhaus an der Arméi an der Verfassung ze verankeren. An duerfir si mer eis eens ginn, datt de Grand-Duc den Titel als Kommandant vun der Arméi bäibehält. Well et muss een och soen: Wéi geet et an der Praxis - an ech hoffen, mir kommen ni hei zu deem Vott, datt Lëtzebuerg muss engem Land de Krich erklären? Et ass net de Grand-Duc, deen um Pärde mat sengem Säbel virreit, mee et ass eis professionell Arméi, déi da misst an de Krich zéien.

*(Brouhaha)*

Dann och nach e ganz wichtige Punkt, ech hat et a menger Ried iwwert d'Justizkapitel gesot an ech widderhuelen et hei: Et ass och weider esou, datt d'Urteiler vun de Gerichter am Numm vum Grand-Duc exekutéiert ginn.

Komme mer dann zu der Regierung. Mir hunn am Fong e klässeschen Exekutiv mat op där enger Säit der Regierung an op där anerer Säit dem

An der aktueller Verfassung hu mer den Artikel 22 an den Artikel 106 stoen, wou eebe gesot gëtt, datt de Staat kann intervenéieren am Kader vun der Nominatioun vun de Chefs de culte an datt d'Paie vun de Geeschtlechen am Fong à charge vum Staat sinn.

2014/2015 ass dann och deels duerch d'Initiativ vun der Kierch déi Diskussioun lassgetréppelt ginn. Et war eng éischt Motioun hei virbruecht ginn an der Chamber fir ze soen: „Mir schafen dat of. Mir huelen dee ganzen Text aus der Verfassung eraus.“ Do ware mir als CSV net domadder d'accord an ech kucken do de Parteipresident, deen hat deemools hei d'Ried gehalen, wou e gesot huet: „Glawensgemeinschaften“ - am Wuert „Glawensgemeinschaften“ ass d'Wuert „Gemeinschaft“ - „sinn en Deel vu Lëtzebuerg“. An et ass fir d'CSV essenziell, datt, wa mer eppes wëlle maachen, dat eng Basis an der Verfassung kritt.

Doropshin ass eng Resolutioun gestëmmt ginn iwwert déi véiert Fro fir de Referendum, wat am Fong keng Fro vun Trennung vu Kierch a Staat war, wou just gefrot ginn ass: „Sidd Der der Meinung, jo oder nee, datt weiderhin d'Paschtéier oder d'Chef-de-culté solle vum Staat bezuelt ginn?“ Mir sinn eis dann eens gi fir deen neien Artikel an der Verfassung, datt deen dann drakéim, mat deem Wording, deen de

*(Hilarité)*

Ech wollt, well Der dat doten elo gesot hutt, just froen, ob Der lech bewusst sidd, dass an der Tëschenzäit d'Gerichter déi Prozeduren, déi d'Regierung deemools gewielt hat, alleguer fir verfassungskonform unerkannt hunn.

**M. Léon Gloden (CSV).** - Ech respektéieren all Decisiounen vun dëse Gerichter.

**M. Dan Kersch (LSAP).** - Très bien! Dat wollt ech héiere vun lech.

**Une voix.** - Mir och!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Dann zu de Gemengen, an dat ass e ganz weesentleche Punkt, dat ass eng grouss Responsabilitéit fir déi, déi vis-à-vis vu mer setzen. Fir all Decisioun, all Decisioun, déi d'Regierung an d'ailleurs mir och als Chamber huelen, déi nei Aufgaben de Gemengen operluecht huet, muss de finanziellen Encadrement - den Aly Kaes kuckt mech ganz frou - assuréiert sinn. D'Gemenge mussen déi néideg finanziell Moyene kréie fir all Aufgab, déi se vun uewen erof operluecht kritt hunn.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Här President, ech kommen zum Schluss vu menger Ausféierung. An ech hunn et e puermol gesot: D'Verfassungsdebat ass mat eng vun de wichtigsten Debatten, déi e Land, an ech soe bewusst „e Land“, ka féieren. Ech hunn et an der Introduktioun gesot: Et geet ëm d'Fundamenter, et geet ëm d'Struktur, et geet ëm eis alleguer!

Datt ee politesch mat verschiddene Punkten net eens ass, well een eng aner Meinung huet, respektéieren ech. Mir liewen an enger Demokratie, wou jiddweree seng Meinung kann hunn. Wat ech net akzeptéieren - wat ech net akzeptéieren! -, dat ass, datt ee bewusst aktiv mat Hallefwourecht a mat Lige probéiert, dëst Land ze splécken.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Wann een eng Broschür erausgëtt, wou steet: „Propaganda statt Information“, wann een eng Broschür erausgëtt, op der Sait 5: „Wiert lech!“ ... Ech hunn nogekuckt, wou „Wiert lech!“ virkënt: Abrëll 1933 - „Wehrt Euch!“ Dat ass e Skandal! An dat ass d'ADR, ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Lächerlech, Här Gloden, ...

**M. Léon Gloden (CSV).** - ... déi Schinn fiert d'ADR!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - ... lächerlech!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Dat ass e Skandal!

*(Brouhaha)*

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Här President, ...

**Une voix.** - Fuert Dir weider, Här Gloden.

**M. Léon Gloden (CSV).** - ... Här President, ...

*(Brouhaha)*

... Här President, ...

*(Brouhaha)*

... Här President, den Abraham Lincoln sot: „De beschte Wee, d'Zukunft virauszesoen, ass, se ze gestalten.“ Net méi an net manner geschitt mat dëser



Verfassungsreform, an dat am Respekt vun den demokratesche Reegelen.

D'CSV gëtt hiren Accord zum éischte Vott. Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Marc Spautz, Président de séance.** - Merci dem honorabelen Här Léon Gloden. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm

eng besser Kohärenz an eng besser Lisibilitéit an den neien Text.

An der zoustänneger Verfassungs-kommissioun hu mir eis all Méi ginn, fir zesummen d'Sprooch an deem neien Text ze moderniséieren, fir bestëmmte Formulatiounen, déi eis e bësse verstëbst geschéngt hunn, erauszehuelen, fir d'Constitutioun de Realitéite vun enger moderner Demokratie vum 21. Joerhonnert unzepassen.

mir Grënnungsmember waren 1951 vun der CECA. Erënnere mer eis drun, dass mer Grënnungsmember waren 1957 vun der deemoleger EWG, der haiteger Europäescher Unioun. An ech mengen, et steet eis gutt zu Gesiicht.

Mir haten ëmmer deen Artikel 49bis, deen hinkehanke war, an dofir stéiert d'ADR sech un deem Term vun „temporaire“. Mee dee war dee Moment aus puerer Virsiicht an den Text ge-

offiziell consacréiert ginn. A wann ee kuckt, säithier ass ëmmer gekuckt ginn ..., d'Gewerkschafte sinn opgebléit parallel zu eiser Stolindustrie, déi och opgebléit ass. Erënnere mer eis un d'ARBED, un d'HADIR (ndlr: Hauts-Fourneaux et Aciéries de Differdange, St. Ingbert, Rumelange) an un d'MMRA (ndlr: Métallurgique et Minière de Rodange-Athus) zu Rodange. Parallel sinn déi Wäerter an d'Luucht gaangen, d'Gewerkschaftsaarbecht, mee och d'Stellung vun Patronat an deem ganze Gebilde.

Erënnert lech, 1977 kouw dunn déi grouss international Stolkris an d'Situatioun war extreem brenzeleg hei zu Lëtzebuerg. Do ass ënnert der Initiativ vum Gaston Thorn an enger blo-rouder Regierung fir d'éischt d'Tripartite Sidéurgie an duerno d'Tripartite générale an d'Liewe geruff ginn - déi lescht „pour tous soucis et peines“, wéi ech dat aus menger direkter Famill ganz oft héieren hunn. An zënterhier hunn d'Sozialpartner hei zu Lëtzebuerg et bal ëmmer zesumme mat deene successive Regierungen fäerdegbruecht, fir de soziale Fridden ze hale respektiv en ze festegen.

Et ass also gréisstendeels hire Meritt, dass mer hei zu Lëtzebuerg d'Cohésion sociale scho laang Joren hunn. An dat ass net nëmmen e Markenzeichen intern, mee et ass en immensen Attraktivitéitsatout fir no baussen iwwert d'Grenze vun eisem Land an och, fir all potenziell Investisseuren an interessant Leit hei zu Lëtzebuerg kënnen ze begreifen.

D'Consecratioun vun de Berufs-kummeren am neien Text ass och e staarkt Zeechen, well Dir wësst, dass si beschdens eisen institutionelle System kennen, mee si kennen och beschdens den Terrain. An dofir kënnen se ganz gutt d'Suerger an d'Desiderata vun hire Memberen op allen Instanze virdoen.

Vu dass d'Netresidenten, denke mer just un déi 200.000 Frontalieren, déi hei schaffen, un de Sozialwale kënnen deelhuelen, also hir representativ Gremie kënnen wielen, reeche mer hinnen u sech d'Hand, fir mat deem do System an iwwert d'Grenzen eraus e reellt Matsproocherecht an deem Land ze hunn, wat jo nach net um legislativen Niveau besteet. Mee hei an deem groussen Aarbechts- a soziale Secteur ass dat e wichtegst Zeechen.

Här President, ech kommen elo zum Kapitel 1. Do sinn et haaptsächlech d'Artikelen 4, 5 an 8, déi wierklech e grousst Markenzeiche si vun deser Verfassungsrevisioun. Den Artikel 4, et ass scho gesot ginn, beinhalt déi wichtegst Elementer, déi d'Identitéit vun eisem Land markéieren, an zwar ons Sprooch, de rout-wäiss-hellblo Fändel, d'Armoiren, dat heescht de Staatswopen, an ons Nationalhymn.

D'Sprooch vum Lëtzebuurger Groussherzogtum ass Lëtzebuergesch. A wéi meng Virriedner, de Rapporteur an allen Detailer an de Léon Gloden och, et schonn ervirgehuewen hunn, ass et ... An nach eng kéier fir alleguerten déi, déi ons och kritiséieren: Et ass déi éischte kéier, dass d'Lëtzebuurger Sprooch Verfassungsrang kritt.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - D'Lëtzebuergesch, seng Existenz a säi Gebrauch hunn e ganz groussen historéische Wäert an onser Geschicht an haaptsächlech bei eisen eelere Matbierger an haaptsächlech bei deene Leit, déi nach haut ënner eis sinn an déi den Zweete Weltkrich matgemaach hunn.

Während der Nazibesetzung hei zu Lëtzebuerg kruten d'Lëtzebuurger gesot, ech zitéieren: „Schluss mit dem fremden Kauderwelsch! Eure Sprache ist Deutsch und nur Deutsch!“, fin de

citation. Nom Krich ass d'Däitsch zwar bäibehale ginn, well mer ganz vill Texter op Däitsch haten, mee natierlech ass Franséisch privilegiert ginn, eeben duerch alleguerten déi Ëmstänn. Mee et dierf een net vergiessen: D'Sprooch ass en Deel vun engem Land senger Identitéit, sengem kulturellen an historéische Liewen.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - Wann eng Nationalsprooch an engem Text festgeschriwwen gëtt an engem Land, wou een dann emol leeft, an et huet een net d'Nationalitéit an et schwätzt een eng aner Sprooch, da wëllt dat jo iwwerhaapt net heeschen, dass aner Sproochen géife manner gutt behandelt ginn oder souguer ignoriert ginn - op kee Fall!

An ech erlabe mer, all deene Kritiker, déi un eisem Sproochesystem ..., dee mer elo festhalen, Folgendes ze soen: Gitt mer eng Verfassung sichen an engem État unitaire - ech schléissen natierlech do aus: d'belsch Verfassung, d'Schwäizer Verfassung, wat Federalstaate sinn, déi op d'mannst dräi Communautéiten hunn -, mee gitt mer ee Land sichen, wou net eng an nëmmen eng Sprooch entweeder am Preamble vun der Verfassung steet oder am Kärtext. Dofir, ech mengen, et ass legitim, dass mir eng Nationalsprooch hunn an zwou Sproochen doniewent, wat Gebrauchsproochen sinn an déi jo am Gesetz vun 1984 ganz genau beschriwwen ginn an déi dofir kengem kënnen schueden.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - Dir musst wëssen, dass eis geschriwwen Texter scho säit ganz Laangem entweeder op Franséisch sinn, well mer d'Reegel hunn: «La langue de la législation et du judiciaire est le français»; däitsch Texter sinn doniewent iwwerall behale ginn a Steiergesetzter, an Enregistrementsgesetzter an an notariellen Akten. Déi zwee éischt, alles wat d'Steieren an den Enregistrement betrëfft, déi hu mer vum Naziregime gehalen, well déi waren exzellent fir all Regierungen hei zu Lëtzebuerg, well se all Regierung vill Geld erabrecht hunn. Notariell Akte ginn haut nach, awer nëmmen op Demande, op Däitsch gemaach, well Dir dierft net vergiessen: Nom Krich gouf et e ganze Koup vu Leit, déi verbuede kritt hunn am Krich, Franséisch ze léieren, an déi der franséischer Sprooch net därmoosse mächtig sinn. A wann dann nach juristescht Franséisch derbäikënnt, dat mécht déi Saach net méi einfach. An dofir fannt Der ganz, ganz vill notariell Akten, qui font foi, dat heescht déi Valeur juridique essentiel hunn op Däitsch.

Mee, wéi gesot, dat sinn eis Gegebenheiten. Ech fannen et extreem wichteg, dass mer déi dräi Sproochen an der Verfassung hunn. D'Méisproochegkeet ass wierklech e Markenzeiche vun eisem Land. Dir wësst, dass doniewent an eise Schoulen e ganze Koup aner Sproochen geléiert ginn, haaptsächlech Englesch als Business-a Computersprooch an e ganze Koup aner Sproochen, déi zu Lëtzebuerg praktizéiert ginn, wat en Deel vun dem Räichtum a vun den Etikette vun eisem Land ausmécht. Et gëtt esou vill Lëtzebuergesch geléiert wéi nach ni. Et brauch een et elementar, wann een d'Nationalitéit gär hätt. Et brauch een et natierlech och oft, wann ee wëllt hei zu Lëtzebuerg eng Aarbechtsplaz hunn, jee no Secteur.

Komme mer elo zum rout-wäiss-hellblo Fändel. Ech si frou, dass mer d'Consecratioun vun deem nationale Fändel, rout-wäiss-hellblo, elo definitiv an der Verfassung hunn, well ech dann hoffen, dass mer definitiv dat mir heiansdo onerklärlecht Gerangels a Gestreits vun de leschte Joren tëschent dem dräifarwegen



Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

(Exclamations)

**Une voix.** - Très bien!

(Brouhaha)

**Mme Simone Beissel (DP).** - Merci, Här President, Kolleginnen a Kollegen. Och virop vu mir dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo e ganz grouse Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport an, wéi de Léon Gloden et scho gesot huet, och fir seng absolutt equilibriert a convivial, awer ganz seriö Manéier, wéi en d'Verfassungskommissioun, déi jo extreem vill Sitzungen hat, geleet huet an ëmmer versicht huet, e Konsens ze fannen a Froen, déi eist ganz Land uginn an déi een net soll mat parteipoliteschem Kleinkram mat Momenter versichen ze demoléieren.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Här President, haut ass och fir mech en historéischen Datum, en historéischen Dag, well mer et elo fäerdegbréngen, haut deen zweeten, deen allgréisste Block vun der geplangter Verfassungsrevisioun hei an der Chamber ze debattéieren an och doriwwer ofzestëmmen.

Vu dass de Rapporteur schonn an allen Detailer déi néng Kapitele virgestallt huet an de Léon Gloden och schonn zu ganz ville Punkte Stellung geholl huet, wäert ech mer et erlaben, verschidden Elementer, déi mer awer extreem wichteg schéngen, nach eng kéier ze beliichten an lech verschidden lwwerleungen dozou ze soen.

Dësen Deel vun der Verfassungsrevisioun ass extreem wichteg a vital, well mir hei déi grouss Eckdaten, d'Jalonne vum Lëtzebuurger Land, senger Staatsform, sengem politeschen System festhalen an an aller Däitlechkeet beschreiwen.

Duerch des Restructuratioun, duerch des Straffung, duerch dese Reagencement vu ganz villen Dispositiounen, déi de Moment an eiser aktueller Verfassung queesch duerch déi ganz Verfassung verstreet sinn, brénge mir

Déi Punkte vun de Kapitelen, wann ech bei déi kommen ... Virdru wollt ech just nach op e puer, wat een op Lëtzebuurger Englesch da „core messages“ nennt, zrëckkommen. Dat ass nämlech einfach dat Allerwichtigst vun eisem ganze System.

D'parlamentaresch Demokratie gëtt als politesche Regime vu Lëtzebuerg confirméiert ënnert der Form vun enger constitutioneller Monarchie, an dat, fir dass wierklech all Mënsch, awer all Mënsch heibannen an dobaussen dat versteet an definitiv unhëlt.

De Rechtsstaat, dat heescht, dass all Autoritéit, all Institutioun, all Mënsch, déi sech hei um Lëtzebuurger Territoire beweegen, sech der Reegel, der Rechtsnorm verflichten, gëtt nach eng kéier explizitt festgehalen.

Quitte dass Recht a Gesetz Virrang hunn, ass ons Demokratie, wéi dat glécklecherweis och a ville Länner ronderëm de Fall ass, op Mënsch-rechter opgebaut.

D'Souveränitéit läit bei der Natioun, dat heescht bei eis alleguerten. Och dat muss gesot an ëmmer erëm widerholl ginn. An dat ass schonn 1848 en Thema gewiescht, wéi mer déi éischt grouss liberal Verfassung kritt hunn, wou déi dräi Pouvoiren agesat gi sinn an deemools de Grand-Duc schonn aus der politescher Responsabilitéit erausgeholl ginn ass an op e Piedestal gestallt ginn ass mat speziellem Schutz. Du war schonn d'Souveränitéit, déi bei der Natioun läit, en Thema.

Leider ass 1856 duerch de Wëllem den Drëtten vum Oranien-Nassau, deen de geschwuerene Feind vu Lëtzebuerg war, erëm eng kéier d'Souveränitéit vun der Natioun verschwonnen. Si ass duerno, haaptsächlech 1919, Dir wësst, do waren extreem beweegten Zäiten hei zu Lëtzebuerg, offiziell an där grousser Verfassungsrevisioun vun 1919, definitiv consacréiert ginn.

Dann och eng ganz wichteg Ausso, de Rapporteur an de Léon Gloden hunn drop insistéiert an ech wëll et nach eng kéier soen: D'Adhesioun vu Lëtzebuerg zu dem europäesche Prozess gëtt hei erëm feierlech festgehalen. Erënnere mer eis drun, dass

schriwwen ginn, well Dir erënnert lech vläicht, dass 1954 d'Communauté européenne de défense geplätzt ass, awer net 1955, Dank dem belschen Ausseminister Paul-Henri Spaak an dem italieeneschen Ausseminister Altiero Spinelli (veuillez lire: Alcide de Gasperi), déi de Courage haten, zu Messina déi grouss Konferenz ze maachen a se erëm all erbäizetrommelen, se aus hirem Motzeck erauszehuelen. Dofir krute mer dat. An den 49bis huet den Term vun „temporaire“ just dran, well net sécher war, ob net erëm en Echec géif komme wéi 1954. An dofir ass dat esou stoe bliwwen, Här Kartheiser.

Et wär gutt, wann Der ... Dir sidd jo gutt an der Geschicht. Et wär gutt, wann Der mat Momenter déi ganz Realitéite vun deemools géift ganz genau kucken an da géift Der den Term vun „temporaire“ och net elo erëm an engem falsche Kontext verdréien an hei mat Momenter duerch esou Aussoen, déi Der maacht, Duerjerneen a Zizanie streeën.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - Déi x-te Relecture vun dem Text, déi bréngt eis mat, dass d'Funktiounen an d'Rechter an d'Flichte vun all onsen Institutiounen ënnert der Egide vum Groussherzog hei erëm eng kéier ganz gefestegt ginn. Mir erneieren eise feste Lien d'allégeance zum Grand-Duc, zu der Monarchie constitutionnelle an ipso facto zu der Dynastie vum Haus Nassau-Weilburg.

D'Regierung an d'Chamber ginn an hiren Attributiounen als politesche Decideuren ënner demokratescher Kontroll hei an d'Realitéite vum 21. Joerhonnert erageféiert.

Nach e puer Wuert zum Sozialdialog, dee mir ganz besonnesch um Häerz läit: Ech begreifen et mat Freed, dass de Sozialdialog fir d'alleréischte elo hei Verfassungsrang kritt an engem Land, wat scho säit laange Joren duerch seng sozialpolitesch Realitéiten de Sozialdialog ëmmer gefërdert huet.

An der éischter Verfassungsrevisioun nom Zweete Weltkrich 1948 sinn d'Recht op Aarbecht, mee haaptsächlech déi gewerkschaftlech Fräiheeten



Nationalfändel an dem Fändel vum Roude Léiw kënne begreuwen.

Tatsächlech, an et war mir net ëmmer bewosst, mee elo hunn ech dat emol alles nogesicht: Dat Gestreits ass u sech net fondéiert gewiescht, well mir hunn e Gesetz vum 23. Juni 1972 iwwert d'Emblèmes nationaux an do steet ganz kloer dran an dem Artikel 3, dass den Drapeau national luxembourgeois den dräifaarwegen ass; rout, wäiss a blo. Duerno koum nach e Règlement vum 1993, wat souguer d'technesch Date vun de Faarwe ganz genau determinéiert huet. Dir wësst, dass een heiansdo mat dem hollännesche Fändel, deem déi méi donkel blo Faarf huet, e bëssen duerjerneen ass. Mir hunn déi schéin hellblo Faarf. Dat emol zu eise Nationalfändel. Am Artikel hannendrun, am Artikel 4 vun deem Gesetz, do steet ganz kloer, dass de Fändel mam Roude Léiw exklusiv reservéiert ass der Schëfffaart, also fir d'Pavillons maritimes, an och der Aviatioun. An, wéi gesot, a Règlement vum 1993 sinn d'Faarwen nach präziséiert ginn.

Déi Fändelen - an dat ass jo eppes, wat ech mer dann hei erlaben, fir d'Belustigung vun eis all - besti jo awer net eréischt säit 1972, och wa se do an de Gesetzzer consacréiert ginn. Et geet een dervun aus, dass de rout-wäiss-bloe Fändel schonn den 12. Juni 1845 fir Lëtzebuerg festgesat ginn ass, no der Belscher Revolutioun. De Roude Léiw - do gëtt et dann nach méi spannend - ass d'Hausflagg gewiescht vum belschen Herzogtum vu Limburg an do war den Henri de Fénneften, e Fils vun onser Prinzessin Ermesinde, Herzog (veuillez lire: De Roude Léiw - do gëtt et dann nach méi spannend - ass d'Hausflagg gewiescht vum Herzogtum vu Limburg an do war de Walram de Véierten, Mann vun onser Gräfin Ermesinde, Herzog). Mee 1286 (veuillez lire: 1288) huet den Duc vu Brabant Limburg ageholl a besigt an dee Moment huet deem och de Roude Léiw als Hausflagg natierlech matgeierft. An ech kann lech soen, an de leschte Joren, an ech sinn heiansdo och zu Bréssel drop ugesprach ginn, war et ee Moment net verwonnerlech, dass deem een oder deem anere belschen Deputéierte rosen op der Tribün vum Parlament zu Bréssel sech lauthals geiergt huet a behaupt huet, Lëtzebuerg hätt der Belsch de Roude Léiw geschuppt. Fir lech ze soen ..., dann hu mer dat elo emol gekläert, wat wat ass. An nëmme rout-wäiss-blo ass dee Fändel, deem als Nationalfändel gëllt. Déi aner sinn also nëmme fir d'Aviatioun a fir d'Schëfffaart.

Zu der Nationalhymn: Dir wësst, si ass 1839 hei kreéiert ginn (veuillez lire : si ass 1864 vum Jean-Antoine Zinnen komponéiert ginn op en Text vum Michel Lentz vum 1859). 1839 war en immens wichtige Moment (veuillez lire : 1839, 25 Joer méi fréi, war en immens wichtige Moment an eiser Geschicht), wou d'Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg feierlech deklariéiert ginn ass, mee leider net vu laanger Dauer, well duerno koumen erëm aner Onstëmmegkeeten. Mee déi ass awer dee Moment consacréiert ginn.

Den Text vum Michel Lentz an déi schéi Melodie vum Jean-Antoine Zinnen sinn an d'Gesetz opgeholl ginn och vum 27. Juli 1993, wou, wann een dat kuckt, souguer déi éischt an déi véiert Stroph mam ganzen Text an der Melodie festgehale gi sinn, dass een nëmme näischt kann dorun änneren oder à la limite och nach klauen. An ech kann lech soen, sou wéi Dir ..., mir hunn alleguerste scho vill Nationalhymnen héieren, mee ech muss nach ëmmer soen, et ass vläicht eng Saach vum Häerz, dass eis Lëtzeburger Nationalhymn mir nach ëmmer eng vun deenen allerschönste schéngt, déi ech schonn a mengem Liewen héieren hunn.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - Zum Artikel 5 - Lëtzebuerg an der europäescher Integratioun: D'Verfassungsrevisioun vun 1956 ass haaptsächlech gemaach ginn, fir dass Lëtzebuerg ee vun de Grënnungsmembere vun der deemoleger EWG, haiteger EU, kéint sinn. An an eiser Verfassung vun haut, an dat hunn ech virdru gesot, ass nach ëmmer dee berühmten Artikel 49bis, deem nach ëmmer derbäigesat ginn ass, deem awer deemools ..., an dat war e ganz grouse Schrëtt an et sinn immens Streidereie gewiescht, well deem Artikel 49, deem erlaabt et - an Dir musst lech virstellen, et war kuerz nom Krich an all Mënsch huet op sengen nationale Souveränitéite campéiert - de Pouvoirs législatif, exécutif et judiciaire, een Deel vun hiren hoheitlechen Attributiounen duerch Traité un international rechtsméisseg Institutiounen ofzeginn. Deen Artikel ass d'Basis vun eiser ganzer Adhesioun zu Europa an ass natierlech duerch ganz vill Traitée confirméiert ginn. Mir hunn also zënter 65 Joer ëmmer hei zu Lëtzebuerg trei zu Europa gestanen an all Efforte gemaach, fir déi europäesch Integratioun weiderzedreien.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - Et ass schonn e bëssen erstaunlech, dass een dann op eemol vun ADR-Vertrieder an de Medien héiert, dass duerch de Fakt, dass op eemol den „temporaire“ ... - mee ech ginn net méi drop zrëck, well ech hu virdru versicht, den ADR-Kolleegen dat ze erklären -, den „temporaire“, dat géif eis Perte vu Souveränitéit bedeuten, mir géifen eis schwächen a mir wäre souguer op engem Wee zum Federalstaat.

(Brouhaha)

Dat ass absolutt net richtig!

Lëtzebuerg ass a bleift en État unitaire an e festen Nationalstaat. Een Deel vun den hoheitleche Pouvoiren ass 1957 eriwergaangen an d'europäesch Gebilde a gëtt säithier esou gutt vu Lëtzebuerg wéi vun där Säit soignéiert.

Mir sinn an engem Système polito-juridique - an dat wëll ech de Kollege vun der ADR och soen - moniste. Dat heescht, dass mer, säit mer an der Europäescher Unioun sinn, d'Superioritéit vun den internationale Reegelwierker an doduerch europäesche Reegelwierker vis-à-vis vun der Lëtzeburger Verfassung an de Lëtzeburger Gesetzzer akzeptéieren. Dat, fir lech ze soen ... An näischt Richtung Federalstaat, dat ass eng Perversioun vun der Realitéit!

Mir hunn am rezentsten Traité, dat ass den Traité vu Lissabon, erëm eng Kéier eis Verbonnenheet mat Europa festgeluecht. An ech ginn dervun aus, dass och heibanne jiddefalls d'DP-Vertrieder, mee och de Gros vun dëser Chamber kee Problem huet, fir sech voll zu Europa hei ze bekennen.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - Här President, zu der Stad Lëtzebuerg, ganz kuerz: Ech freeë mech natierlech, dass d'Sad Lëtzebuerg, déi zwar schonn an eise Text drastoung, wou se awer nëmme drastoung als Siège vum Gouvernement, elo erëm eng Kéier nach u Bedeitung gewënnt, well mer et elo erweidert hunn a soen, dass all constitutionnel Institutiounen an der Stad festgeluecht sinn. An dat ass fir d'Sad Lëtzebuerg als Fleuron net nëmme hei vum Land, mee vun der Groussregioun eng wichtig Bedeitung, déi hir nëmme kann zegutt kommen.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - Elo zum Kapitel 3: dem Grand-Duc seng Fonc-

tioun an d'constitutionnel Monarchie. Et muss een ervirhiewen, dass hei, an dat ass ganz wichteg an de Reporter Mars Di Bartolomeo huet et schonn extra ënnerstrach, e ganz Kapitel - e ganz Kapitel! - dem Grand-Duc an der Monarchie constitutionnelle gewidmet ass, dass mer regruppéiert hunn, fir eebe just Kohäsioun eranzebréngen, an doduerch, an dat wëll ech och de Kollege vun der ADR soen, contrairement zu hirer Usicht déi ganz Institutioun „Grand-Duc“ an och eis Monarchie constitutionnelle maassgeblech gekläert a gestärkt hunn.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - D'Zil vun dësem Kapitel ass et, fir d'Fonction de Realitéit vun dem 21. Joerhonnert unzepassen. Hei e puer Point-forten, fir dass et ganz kloer ass, dass, wéi gesot, de Grand-Duc net geschwächt gëtt.

De Grand-Duc ass a bleift de Staatschef. Seng Persoun ass inviolable. Dat ass scho gesot gi vu menge Virriedner. Heiansdo schwätzt ee vun „Immunitéit“, mee d'Inviolabilité ass extreem staark, well dat heescht, dass de Grand-Duc total irresponsabel ass, sougutt um Niveau pénal wéi civil wéi natierlech och politique, well all politesch Responsabilitéit vu sengen Decisiounen vun der Regierung gedroe gëtt. An dat steet schonn an der Verfassung vun 1868.

Zweetens: De Grand-Duc kann als Staatschef Traitéen ënnerschreiwen an opléisen.

Drëttens: Als Deel vum Exécutif kann hien all déi néideg Mesuren huelen, fir d'Exekutioun vun de Gesetzzer ze erméiglechen. Dat ass säi klassesche Pouvoir réglementaire.

Véiertens: Doniewent kritt hien awer an enger Situation de crise, an dat ass och schonn och vum Mars Di Bartolomeo extra ënnerstrach ginn, am neien Artikel 36, haitegen Artikel 32 (4), e staarke Pouvoir réglementaire originaire oder autonome, wann den État de crise deklariéiert ass. Fréier huet een dat „ordonnance royale grand-ducale“ genannt. Mir wëssen awer, dass dat am neie System nëmme während zéng Deeg gutt ass, well wann dat sollt iwwer zéng Deeg goen, muss jo d'Chamber intervenéieren, fir d'Delaie vun dem État de crise ze verlängeren. Also e staarke Pouvoir wirklech hei

vun dem Grand-Duc.

An dem Artikel 33 (3) steet jo och dran, dass de Grand-Duc ka Règlementer huele fir d'Exekutioun vun den Actes juridiques vun der Union européenne.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).** - Ech muss dann awer soen, dass dat haut schonn esou ass. An do hunn ech och Schwierigkeete mat deenen Aussoe vun der ADR, déi do eppes gesicht hunn, wat manifestement net besteet.

Zum Rappel: De Groussdeel vun den europäesche Reegelwierker, déi mir hei erakréien, déi kréie mer fir d'éischt emol duerch Traitéen eran. Do gi jo d'Grondreegele gemaach. Dann duerno ginn déi grouss Decisiounen, déi um Niveau vum Europäesche Conseil geholl ginn, iwwert d'Direktive geholl. D'Direktive sinn déi grouss Richtlinien an déi musse bal exklusiv ëmmer iwwert d'national Parlaementer an den Ordre juridique interne erageholl ginn. An nëmme wann Deelpunkte vun den Direktive musse präziséiert ginn, da spilt de Pouvoir réglementaire an dee Moment spilt och den normale Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc. Dat ass also näischt Neies. Dat besteet elo an dat gëtt och elo schonn esou gehandhaabt.

Dann hu mer déi drëtt Kategorie, dat sinn d'Règlements communautaires. Dir wësst, dat sinn déi, déi mer mat Momenter am meeschte fäerten, well déi sinn d'application immédiate an alleguerten de Memberstaate vun der EU. Do kann och de Grand-Duc intervenéieren op Deelpunkten, awer nëmme wann d'Règlement selwer et erlaabt. Also dat, wat de Grand-Duc hei als Pouvoiren huet, besteet elo an do erfanne mer wirklech d'Rad net nei. Dat hu mer elo just regruppéiert a geschriwwen, dass dat ganz kloer ass, dass de Grand-Duc dat ka maachen.

Da behält de Grand-Duc, an dovun hu mer hei net geschwat, seng Ur-Pouvoirs-régaliens - dat kënnt vu „regalis“ -, et kéint een och soe „pouvoirs royaux“, déi en als Staatschef huet. Dee wichtigsteng dovun, dat ass den Droit de grâce. Dir wësst, dat ass d'Méiglechkeet, fir eebe Strofe ganz oder deelweis erfrozesetzen oder souguer ëmzewandelen an aner. Dat ass e ganz wichtigen. Dann d'neue kann en Titelen attribuieren, awer ouni dass reell Privileegien doru

gekoppelt sinn. An dann eppes, wat d'Lëtzeburger natierlech ganz gären hu scho säit laange Joren, dat ass, dass e kann Ordres civiles et militaires verdeelen, déi sougenannte „Gielcher“, déi de Leit jo ëmmer Spaass maachen.

Ech ginn net an oder net méi an op de Fait, dass de Grand-Duc de Kommandant vun der Arméi ënnert der Responsabilitéit vun der Regierung ass. Et ass genügend dovun geschwat ginn.

D'„déclaration de guerre“, dat ass awer wichtig, gouf jo ëmgeännert zu der „intervention“ vun de „forces armées“. Dat ass och der Realitéit ugepasst, well Dir wësst, dass eis Meedercher an eis Jongen, wa se an de Baussenaz geschéckt ginn, ganz oft ganz breet gefächert Attributiounen a Missiounen hunn. A mat der „intervention des forces armées“ wollte mer déi ganz breet gefächert Aktiounen do besser ëmräissen.

Dir wësst, et ass och schonn haut esou, wa Mission à l'étranger ass, dass d'Chamber muss hiren Accord ginn. Well dat sinn Décisions graves, déi musse geholl ginn, well ee muss d'Méiglechkeet hunn, fir alleguerten d'Konsequenzen an d'Gefore vun esou Asätz kënne genau ze analyséieren an och d'Konsequenzen dovun richteg ze belichten.

Klärung kënnt dann och an de Finanzen. Do ginn ech net méi drop an. Et leeft elo iwwert de Budget, deem der Famille grand-ducale zougestane gëtt, an dat gëtt alles iwwer budgetär Reegele geännert.

Dann eng reell Stärkung vun dem Grand-Duc ass, dass him elo eng richtig Administratioun attribuéiert gëtt, déi d'Personnalité juridique huet. An d'Personnalité juridique erlaabt him, duerch seng Administratioun elo selwer all Zorte vun Akten ze maachen, natierlech ënner enger strukturierter Form.

Zu der Monarchie constitutionnelle: Et sinn e ganze Koup Punkte wéi d'Descendance, d'Vacance du trône an dann - Worst-case-Zenario - Abdication, déi hei elo ganz kloer gekläert ginn. Et ass scho virdrun hei ugeklongen, verschiddener vun deene Punkte sti schonn haut a säit dem 30. September 1783 (veuillez lire: 30. Juni 1783) am Pakt vum Haus Nassau. An Dir wësst, de Pakt vum Haus Nassau, dee betrëfft all d'Nassauer. Dat si sou-



D'Gemeng vun der Stad Lëtzebuerg um Knuedler



gutt d’Oranien-Nassauer, dat heeschd d’hollännesch Kinneksfamill, wéi awer och d’Bourbon-Parmé vu Spuenien. An do si ganz schwéierfälleg Prozedure virgesinn, wann iergendeppes geschitt. An dofir ass gesot ginn, well och de Gros oder, ech géif soen, quasi d’Totalitéit vun de Leit hei zu Lëtzebuerg a souguer an der Chamber iwwerhaupt net méi wëssen, wat an deem Pakt vum Haus Nassau steet, ass decidéiert gi scho viru Joren, dass eebe kloer déi bestëmmten Dispositionen aus dem Pakt géifen an déi nei Verfassung erakommen, dass do keng Interpretationsdifferenze méi kënnen virkommen.

De Fazit vun dësem Kapitel ass, dass duerch d’Restrukturatioun de Statut an d’Fonctioun vum Grand-Duc ganz genau beschriwwen ginn an a mengen Ae ganz gestärkt ginn, well se mat Momenter virdru schwammeg waren. Elo sinn all déi Elementer kloer an et ass eent vun de Markenzeeche vum Lëtzebuerger System.

D’Fonctioun vum Grand-Duc gëtt zwar effektiv - an dat ass awer och d’Realitéit vun haut - méi symbolesch a méi protokollaresch, mee mir sinn awer nach ganz wäit ewech, Här Kartheiser, vum schweedesche Modell, wat Der iergendwéini an de Medie gesot hutt, well do ass et nëmme Protokoll. An ech hunn lech elo hei virdru gesot, dass de Grand-Duc en Deel bleift vum Pouvoir exécutif, och wa säi Pouvoir nëmme formell ass. Mee säi Pouvoir formel ass indispensable, soss halen d’Legislatiounen d’Strooss net. An dofir kann een et guer net mam schweedesche Modell hei vergläichen, wou et wierklech nëmmen nach Symbolik a Protokoll ass.

Zu der Regierung: Ech mengen, d’Regierung gëtt hei an deem System gestärkt, der Realitéit vum Land ugepasst. Si kritt emol ganz genau gesot, wat se mécht. Virdrun am Artikel 76 steet just, dass eng Regierung ka vum Grand-Duc agesat ginn, déi muss dräi Memberen hunn, Punkt. Elo gëtt emol gesot, dass d’Regierung d’Politique générale hei an deem Land leet, souguer wa se an d’Situatioun géif kommen, wou se démissionnaire wär. Si kritt elo emol endlech d’Realitéit vun hirem Pouvoir exécutif zougeschriwwen. Well wann een déi haiteg Verfassung liest, do steet nach dran, dass eis Regierung hire Pouvoir exécutif nëmmen dierf ënnert der Autoritéit vum Grand-Duc ausüben, an dat ass jo absolutt net méi reell esou.

D’Regierung, wat och nei ass, organiséiert sech selwer. Et ass virdru gesot ginn, de Premierminister gëtt „primus inter pares“ an e gëtt verstärkt a secondéiert vun de Vizepremierministere, Ministeren a Ministres délégués.

Wéi an all moderner Démocratie parlementaire ass d’Regierung natierlech responsabel virum Parlament. Si kritt awer d’Méiglechkeet ..., an dat ass ganz interessant, well mir hate jo schonn d’Motion de censure als eng vun de Méiglechkeete vum Parlament, mee elo gëtt de Spiiss u sech ëmgedrëit, well d’Regierung kritt elo d’Méiglechkeet, fir de Bols vun der Chamber ze fillen, notament wa se am Ufank am Amt ass, a fir eeben d’Vertrauensfro ze stellen. An dat ass eng ganz demokratesch Prozedur, wou direkt kann Hand an Hand zwëschent Regierung a Chamber geschafft ginn. An dat steet wierklech eiser moderner Demokratie ganz gutt zu Gesiicht.

Wat nei ass, dat ass och nach, dass de Parquet elo kann d’Membere vun der Regierung ukloen. Virdru war dat nëmmen d’Chamber. An Dir kënt lech virstellen, dofir ass et historesch ni zu enger Uklo komm, well et ass ni eppes ginn duerch d’Majoritätsverhältnisser an der Chamber. Elo kann de Parquet, also de Ministère public, d’Membere

vun der Regierung ukloen, dat heeschd d’Action publique declenchéieren.

Dann nach eng duebel Prezisioun zu de Relatiounen zwëschent dem Grand-Duc an der Regierung. Am Artikel 77 gëtt festgehalten, dass de Grand-Duc de Premierminister an déi aner Membere vun der Regierung nominéiert an awer och en Enn vun hire Fonctiounen setzt. Dat gëtt also am neien Text bäibehalen.

Quitte dass mer wëssen, dass dëse Pouvoir de nomination respektiv „de mettre fin aux fonctions gouvernementales“ e Pouvoir formel ass, huet sech awer d’Fro gestallt, wéi mer den Text erëm iwwerlies hunn, wéi et ass am Virfeld vun deenen Nominatiounen an no de Wale mat eiser aler Tradition, déi dora besteet, jee nodeem, wat bei de Walen erauskomm ass, fir d’éischt en Informateur an duerno e Formateur ze nennen, deen normalerweise no eise System den nächste Premierminister ass. Ech muss lech soen, déi ganz Prozedur, wat éischter eng Tradition ass oder praktesch schonn e Ritual, steet hei zu Lëtzebuerg a kengem Text. Et muss een natierlech elo kucken, vu dass se a kengem Text steet an dass dat u sech esou en Gentlemen’s agreement war zwëschent eeben dem Grand-Duc an der Politik, dass ee sech no Bedarf muss iwwerleeën, ob ee se bäibehält oder och net.

Am neien Artikel 81 determinéiert d’Regierung dann hir Organisatioun an hiert Fonctionnement duerch e Règlement interne. Dat ass jo och normal. Mee wat awer do spannend ass, do steet awer direkt herno hanendrun, dass dee Règlement interne vun der Regierung muss duerch Arrêté grand-ducal, vum Grand-Duc also, bekräftegt ginn. Do ass also de Grand-Duc erëm eng Kéier am Asaz.

Alles an allem ass den Text equilibréiert, setzt d’Regierung an hiert richtegt Liicht, setzt hir Modalitéiten, hir Marge de manoeuvre an hir Limitten, déi duerch d’Demokratie festgehale sinn, ganz genau fest.

Op déi generell Administratioun ginn ech net weider an, och net op d’Forces publiques, d’Finanzen, d’Communautés religieuses. Ech mengen, meng Virriedner hunn dat genuch beliicht.

Elo nach just e puer Remarken zu de Gemengen: Ech freeë mech grade-sou wéi mäi Virriedner Léon Gloden, dass mer elo do virukommen. Well Dir wësst vläicht: 1979 ass d’Autonomie communale festgesat ginn an der Verfassung. Mee duerno huet ee ganz oft vu Gemengesäit héieren: „Et ass jo alles schéin a gutt, dass mer Autonomie communale an den Texter hunn, mee wa mer keng Ressourcë kréien, da kréie mer niewent eise Mission-obligatoires, déi jo festgesat ginn, eis Missions facultatives, déi nëmme méiglech sinn, wa mer Geld hunn, iwwerhaupt net realiséiert, also keng grouss Objektiv.“ Duerfir ass et extreem wichteg, dass elo d’Méiglechkeet hei festgesat gëtt, dass d’Gemengen d’Recht hunn, déi néideg Ressourcen zur Verfügung gestallt ze kréien, fir dass se eebe just kënnen an de Limitte vum Gesetz déi Missiounen, déi se politesch wëllen duerchzéien am Interesse vun hire Bierger, endlech maachen.

Dann nach zu den Établissements publics e puer Wieder: Dir wësst, mir hunn der ongeféier 55 de Moment. Si hunn d’Personnalité juridique. Déi staatlech fonctionéiere jo och ënnert der Tutelle an der Surveillance vun, wéi gesot, dem Staat. Mee heiansdo, wann Der se genau analyséiert, mengen ech, sidd Der d’accord mat mer, dass verschiddener e bësse sui generis fonctionéieren, vu dass mer keng richtig Base légale hunn. Dofir ass dat gutt, dass dat hei gekläert gëtt.

Dat selwecht bei de Chambres professionnelles, wou ech scho gesot hunn, dass ech mech freeën, dass se e Verfassungsrang kréien, an och d’Organes représentatifs vun de fräie Beruffer, vun de Professions libérales. A wat ganz wichteg ass an eng abso-lutt Neierung, dat ass, dass déi dräi Zorten - Etablissementer, Chambres professionnelles an d’Organer vun de fräie Beruffer - d’Recht kréien, an de Limitte vum Gesetz eege Reglementer ze huelen. Dat ass ee ganz staarkt Zeechen!

Här President, Kolleeginnen a Kollegen, ech sinn elo um Enn mat dësem Survol vun eise zweite grouse Block, wou ech mech freeën, dass deen haut zur Debatt steet. D’DP-Fraktioun huet akribesch all Artikel analyséiert a wierklech och diskutéiert. An dofir bréngen ech hei a voller Iwwerzeegung an am Numm vun der ganzer Ekipp vun der DP-Fraktioun den Accord vu menger Fraktioun. An ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

**M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Madamm Beissel. An den Här Kartheiser freet d’Wuert fir Fait personnel a kritt d’Wuert och. Här Kartheiser, wannechgelift.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Ech sinn effektiv hei e puermol nominativ ugeschwat ginn.

Ech wëll vläicht eng allgemeng Bemierkung fir d’éischt maachen, dat ass, dass ech heiansdo bedauern, wann ech de Kollegen nolauschteren, wéi d’Tonalitéit vun der Diskussioun ass

Une voix.- O!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech wëll virun allem hei soen, dass ech bedauern, wéi d’CSV zum Deel argumentéiert huet mat Vergläicher, déi engersäits lächerlech an anerersäits irresponsabel sinn, fir praktesch e Vergläich mat 1933 ze maachen, wann een an enger Broschür schreift: „Wiert lech!“ Wou si mer? Wou hält dat op mat lächerlechen, iwwerzunnene, irrealisteschen Nazivergläicher?

(*Interruption*)

Ech mengen ...

**M. Léon Gloden (CSV).**- Dat musst Der lech selwer froen.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech mengen, wat mer elo hei wëllen, op dee Punkt ..., well d’Madamm Beissel huet mech zwar ugeschwat, si huet mech och kritiséiert, mee weinstens an enger Form, déi awer engem geflegten Dialog nach entsprécht. An dofir soen ech hir Merci!

Si huet gesot, ech géif Zizanie hei wëlle verbreden. Ech weisen dat natierlech zréck. Et ass nämlech och esou: Wësst Der, Madamm Beissel, deen Artikel, deen Dir hei zitéiert, den Artikel 5, deen hutt Der net komplett beschriwwen, well et geet net nëmmen ëm déi Europäesch Unioun. Ech liesen lech e vir, dee Paragraph, ëm deen et geet, den Artikel 5: «L’exercice de pouvoirs de l’État peut être transféré à l’Union européenne et à des institutions internationales ...

(*Interruptions diverses*)

Une voix.- Haalt Dir schonn Är Ried?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... par une loi ...»

Wou ass de Problem?

(*Interruptions diverses*)

Fait personnel. Ma ech kommen drop.

(*Coups de cloche de la présidence*)

Ech komme jo drop. Hei si mir Saachen ënnerstallt ginn an ech äntweren dorobber. Dat ass hei am Reglement virgesinn.

(*Brouhaha général*)

Ech liesen elo der Madamm Beissel vir an ech soen lech, firwat ...

(*Interruptions*)

... dat falsch ass, fir mir dat hei ze ënnerstellen.

**M. Fernand Etgen, *Président*.**- Dat ass Fait personnel ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- «L’exercice de pouvoirs de l’État peut être transféré à l’Union européenne et à des institutions internationales par une loi adoptée dans les conditions de l’article 113.» Dir hutt mir ënnerstallt, Madamm Beissel, dass ech hei praktesch géint d’Europäesch Unioun wär, dass dat net realistesch wär. Dir hutt op den Traité vu Messina verweisen a gesot, ech géif jo d’Geschicht gutt kennen, a mer praktesch ënnerstallt hei, ech wësst also hei meng Geschichte net.

Ech wëll lech just soen, dass dat hei net nëmmen d’Europäesch Unioun beträff huet, déi Délégation temporaire de droits, mee eng Hellewull vun aneren internationalen Organisatiounen, déi deemools gegrënnt goufen. Do sinn derbäi: d’Institutionen vu Bretton Woods, sécherheetspolitescher wéi d’Westeuropäesch Unioun, d’NATO, d’OECD, Virleeforganisatiounen an nach vill anerer, déi an där Zäit gegrënnt goufen a wou mer ëmmer virun där selwechter Situatioun stoungen: Maache mer dat? Wou féiert et hin? Délégation temporaire oder définitive? An ech mengen, dat ass eeben dat ganz Wichteg, wat een an dëser Diskussioun muss kucken. Et geet net nëmmen ëm d’Europäesch Unioun.

Eenzelner hu mer hei ...

**M. Fernand Etgen, *Président*.**- Här Kartheiser, Dir musst awer geschwënn zum Punkt vum Fait personnel elo kommen.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo.

**M. Gilles Baum (DP).**- Wou ass hei de Fait personnel?

**M. Fernand Etgen, *Président*.**- Dir kommt ëmmer méi wäit dervun ewech.

**M. Gilles Baum (DP).**- Et kann dach awer net sinn, dass Dir hei zwou Rieden haalt de Mëttag!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, ech wëll lech awer soen, dass de Fait personnel dora besteet, dass ee ka fënnef Minutten op déi Virwërf äntweren, déi ee gemaach kritt, an dat de President vun der Chamber net do ass, ...

**M. Fernand Etgen, *Président*.**- Dir sidd elo net méi bei de Virwërf. Dir sidd elo bei enger Erklärung, bei engem Exposé.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, de President vun der Chamber ass net do, fir de Contenu vun deem, wat ech hei soen, ze bewäerten, mee fir einfach dës Prozedur ze leeden, fir mer ze erlaben, op déi Virwërf ze äntweren, déi hei gemaach goufen.

An ech mengen, och wann hei Leit net zefridde sinn, wat ass dat fir eng Diskussioun, wann een engersäits hei virgeworf kritt, et géif ee Zizanie seméieren, et géif ee seng Geschicht net kennen, a wann een da wëllt äntweren, da seet de President vun der Chamber: „Et gëtt Zäit, dass Der

ophaalt!“? Ma nee! Loosst mech dach hei schwätzen, wéi et virgesinn ass!

Also, ech géif op jidde Fall emol da soen, also dee Virwurf vun der Geschichtskennis ..., et geet net nëmmen ëm d’Europäesch Unioun, et geet ëm eng Hellewull vun Institutionen an et war deemools ganz berechtigt, fir eeben do ze kucken, dass Lëtzebuerg net definitiv seng Rechter ofgëtt. Dat ass eng Virsichts-moosnam gewiescht. A wéi gesot, et ass net nëmmen d’Europäesch Unioun.

Et ass mer virgeworf ginn hei, dass mir oder ech géint d’Europäesch Unioun wäeren. Nee, dat ass net de Fall. Et geet just drëm, wéi eng Ausformung d’Europäesch Unioun soll hunn: als federale Staat oder als en Europa vun den Natiounen.

D’Madamm Beissel huet mech dann nach ugeschwat op déi Problematik vu Symbolik a Protokoll, ob elo de schweedesche Modell géif applizéiert ginn oder net an der neier Verfassung. An Dir hutt gesot, dass dat wär net esou. Gutt, ech huelen dat zur Kenntnis. Ech wëll lech just soen, dass ech a menger Interventioun herno awer wëll duerstellen, dass praktesch alles, wat vu Pouvoire bis elo vum Grand-Duc erfëllt gouf, awer ofgeschaaft gouf. Dat stellen ech lech dann duer, Madamm Beissel, fir dass Der gesitt, dass dee Vergläich, dee mir maachen tëschent awer engem Wee hin zum schweedesche Modell an deem, wat mer bis elo haten, awer justifiéiert ass.

Ech soen lech Merci.

**M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d’Wuert.

(*M. Charles Margue ouvre une bouteille d’eau.*)

**M. Charles Margue (déi gréng).**- Wéi maache se dat op der Musel?

Une voix.- D’Waasser vum Liewen.

**M. Charles Margue (déi gréng).**- Ech hätt léiwer Wäiwaasser.

(*Hilarité*)

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, „haut ass e gudden Dag fir eis Institutionen hei am Land, e gudden Dag, wou mer eise Staat a speziell eise Rechtsstaat op méi stabill Féiss stellen.“ Dës ware meng Ufangswierder den 20. Oktober, wéi mer den éischte Vott iwwert d’Justizkapitel gemaach hunn. Mee haut ass e weidere gudden Dag fir eis Institutionen, eise Rechtsstaat an eis Demokratie, well mer hinne mat dësem zweete Volet vun der Verfassungsrevision eng nach méi stabill Basis ginn, kloer Reegelen, wéi d’Institutionen zesummen, awer onofhängeg fonctionéieren, uni ongesond Vermeschung oder rechtlech Onsécherheet.

Wa mer eng politesch Kris hu wéi 2013 zum Beispill, et ass schonn ernimmt ginn, da gëtt mat dësem Text elo kloer festgeluecht, dass souwuel d’Chamber wéi d’Regierung geschäftsféierend weider am Amt bleiwen, fonctionéieren, bis eng nei Chamber gewielt ass an et zu enger neier Regierungsbildung kënn. Et wäert deemno, wa mer dat hei unhuelen, kee Vide institutionnel méi kënnen ginn, wéi et aktuell nach virun Neiwalen de Fall ass oder deemools war.

De Rapportier Mars Di Bartolomeo huet a sengem Rapport déi weesentlech Punkte vun dëser Proposition de révision ervirgehewen. Villmools merci him - ech schlësse mech meng Virriedner un - fir dës guddeschrëf-lechen a mëndleche Rapport, wéi gewinnt seng Handschrëft, awer och de



Rapport vun der kollektiver Aarbecht vun der Institutionskommissioun an deene jeeeweilegen Zesummesetzungen, wéi se vu menge Virriedner schonn opgeléicht gi sinn. Mir wäerte weider an där Kollegialitéit schaffen. Ech mengen, dorunner besteet keen Zweifel.

Op der Pressekonferenz op Chamber TV hat ech schonns d'Geleeënheet ze soen, dass déi fënnef éischt Artikelen fir eis Gréng weesentlech sinn.

D'Artikelen 4, d'Symboler, a 5, Europa, sinn nei. Bis dato hu mer déi Punkten, d'Simone Beissel huet et elo grad gesot, net ugeschwat, wat am Fong verworrenlech ass an net Usus ass. Dofir ass dat elo kee falschen oder falsch verstanenen Nationalismus, mee quasi eng Selbstverständlechkeet, eng Hausaufgab, déi mer nohuelen.

Mee firwat ass et wichteg? Ech erläuteren dat kuerz. Dës fënnef Artikelen sinn a sech eng Visittkaart vum Land. Dës fënnef Artikelen soen am Resümee, wéi Lëtzebuerg funktionéiert. Déi fënnef Artikelen stinn op der éischter Säit. All Awunner soll sech deene Punkten ëmmer erëm bewusst sinn. A jiddwereen, deen op Lëtzebuerg kënnt, ka sech an e puer Minutten en éischt Bild vum Land maachen, wat jo elo net heescht, dass en a fënnef Minutten och alles kloer gesäit. Nee, dofir ass Lëtzebuerg vill ze vill komplex, villschichteg a spezifesch, eemoleg, wéi et och scho gesot ginn ass.



Den Här Charles Margue (déi gréng)

Si sinn also derwäert, nach eng Kéier belicht ze ginn, déi fënnef éischt Artikelen. Eise Grand-Duché ass demokratesch, fräi an onofhängeg an indivisibel. D'Form ass déi vun der Monarchie constitutionnelle. Dat ass déi Staatsform, déi am Fong och duerch d'Geschicht esou erhalte blouf an och an de leschte Jore kaum zur Diskussioun stoung an dofir och quasi vun Ufank un en onkontroversen Deel vum iwwerparteiliches Reformkommissioun ass de grousser Parteie war.

Déi eenzeg rezent Diskussioun huet sech dorëms gedréit, awéifern een am Rescht vum Verfassungstext den Term „Grand-Duc“ duerch de generelle Begrëff vum „Chef d'État“ sollt ersetzen. De Léon Gloden huet gesot, wou et hierkënnt. Dat war keng Suerg oder keng gréisser Suerg fir déi aner Korapporteren a Fraktiounen.

Mee vill méi wichteg ass, dass mer eng parlamentaresch Demokratie sinn, dass mer eis hei an deem héijen Haus e gesetzleche Kader ginn an déi grouss Reegelen decidéieren, wéi dat Land hei funktionéiert. Déi lescht annerhalfe Jore hu jiddweregem heibannen, an ech hoffen, och e puer Leit dobaussen, dat bewusst gemaach.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Charles Margue (déi gréng).** - D'Parlament diskutéiert iwwert d'Gesetz am Zesummespill mat der Exekutiv a mam Staatsrot. D'Beruffskummeren - d'Simone Beissel ass op de Sozialdialog laang agaangen -, déi mer mat deem Text haut och an der Verfassung verankeren, sinn opgefuerdert, d'Gesetzesprojeten ze aviséieren, grad wéi och vill aner Instanzen dat maachen. Ënner anerem duerch déi sellegen Avise kommen d'Gesetzesprojete quasi ëmmer anescht eraus aus der Chamber, wéi se eraginn.

Dat Wichtigst an deem Artikel ass d'Festschreiwung vum Prinzip vum Rechtsstaat a vum Respekt vum de Mënscherechter. Mir bekennen eis mam haitege Reformtext elo ausdrécklech an eiser Verfassung zum Rechtsstaat an zu de Mënscherechter. Op dëser Grondlag heescht dat, dass all eis Gesetzgeber gepréift ginn.

D'Mënscherechter sinn universell Rechter, gëllen also iwwerall. De Moment ginn d'Mënscherechter vill mat Féiss getrëppelt an ech muss feststellen, si ginn ëmmer méi mat Féiss getrëppelt an der Welt. D'Mënscherechter gehéieren deemno elo ausdrécklech, explizitt duerch d'Verankerung an eiser Verfassung zu eisem Referenzkader a verpflichten eis heibannen a jiddwereen hei am Land.

Jo, loosse mer et kloer soen: Och hei am Land kënnt et zu Mënsche-

rechtsverletzungen. Mir si permanent amgaangen, eisen Arsenal u Gesetz ze stäerken, zum Beispill am Fall vu Mënschenhandel, wou mer an der Justizkommissioun reegelméisseg déi néideg Instanzen empfänken. Mënschenhandel, Prostitutioun an der Aarbechtswelt, gëtt et och zu Lëtzebuerg. Entsprechen eis Institutionen, eis Infrastrukturen alle Standarde vun de Mënscherechter? Mir kennen d'Äntwert. Mir sinn och amgaangen, eis Ressourcen opzestoken, fir de Mënschenhandel besser ze bekämpfen um Terrain.

All deenen, déi sech zu Lëtzebuerg asetze fir d'Erhalte vun de Mënscherechter an der Welt an zu Lëtzebuerg, ech wëll hei haut vun der Geleeënheet profitéieren, fir hinnen ausdrécklech Merci ze soe fir hir Aarbecht, jiddweregem eenzel, eisen Institutionen, déi mer dofir geschaaft hunn, de betreffende Verwaltungen an all den Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft. Fir keen ze vergiessen, hunn ech elo keng Lëscht hei opgestallt vun de Mënscherechtsveruedeeder. Mir brauchen lech elo an ech fäerten, och an Zukunft.

«La souveraineté réside dans la nation.» Iwwert de Begrëff vum der „Nation“ kann ee vill philosophéieren.

Wéi en an d'Institutionskommissioun kum, gouf et e Moment, wou effektiv doriwwer gesot ginn ass: „Mer maachen elo erëm viles op, maache mer och dës Begrëff op?“ Bon, e gëtt och an der aktueller Verfassung esou gebraucht a mir hunn en dunn awer bäibehalen, well d'Pappe vum 6030 sech eeben net op en anere Begrëff gëeent haten. Dat ass och scho gesot gi vum Léon Gloden. D'Souveränitéit geet vum Vollek aus. Mee selwer sinn ech mer de Moment och net schlësseg, wéi ee Begrëff am beschte kéint zoutreffen, „Volek“ oder „Natioun“. Lëtzebuerg ass nämlech komplex an des Komplexitéit ass jo Deel vum der Identitéit vum Land.

Wa mer haut vun „Natioun“ schwätzen, dann dierf dat op kee Fall eng figéiert Definitioun vun „Natioun“ sinn, mee eng evolutiv, déi sech a la base och duerch eng Wëllkommenskultur charakteriséiert. Stellt lech emol de Géigendeel vir: Lëtzebuerg als Natioun, déi sech ofgrenzt. Dat ass e Widdersproch a sech selwer!

De véierten Artikel zielt d'Symboler op, déi eist Land duerstellen, et ass scho gesot ginn: d'Nationalhymn, de Wopen, de Fändel an eis Sproochen. Ech fannen dësen Artikel wichteg, well mer a véier Paragraphen all d'Elementer dran hunn, déi weisen, dass déi Symboler zentral Elementer vun eiser Identitéit sinn, awer ouni dass se sollen eis Awunner splécken oder ausgrenzen. Jo, Lëtzebuerg ass net e

Land mat just enger Sprooch, Lëtzebuerg ass dräisproocheg. Een, deen dat net esou gesäit, huet munches net kapéiert.

D'Primat vum Lëtzebuergeschen als Sprooch vum Land hu mer explizitt ageschriwwen. Dat ass gutt a richtig esou. Gläichzäitig ginn Däitsch a Franséisch festgehalen an et gëtt Stëmmen, déi froen: „A wéi ass et da mam Engleschen?“ Englesch gëtt ëmmer méi gebraucht, berufflech a privat. Déi engleschsproocheg Communautéit zu Lëtzebuerg ass zënter e puer Jore am zweestellige Prozentberäich. Och hei bei der Sproochefro louch op Basis vum 6030 schonn e Konsens vir an no 2018 gouf zesummen decidéiert, dës Fro net nach eng Kéier opzemaachen. Dat ass da fir eng nächst Reform.

Wichtig ass an eisen Aen ze soen, dass Lëtzebuerg onmëssverständlech e méisproocheg Land ass. Dass dës Méisproochegkeet munchmol fir Kappzerbriechen suert an eisem Alldag, dat ass gewosst - mir haten elo kuerz en Debat hei déi lescht Woch. An d'Zesummeliewen ass doduerch och net ëmmer erlichtert. Et ass eng dagdeeglech Erausforderung, déi Opmierksamkeet a géigesäitige Respekt verlaangt. An deem Sënn erlaben ech mer, en Appell ze maa-

chen u jiddereen, deen hei am Land leeft a schafft, sech bewusst ze sinn, dass säi Géigeniwwer net onbedéngt déi selwecht Mammesprooch huet wéi hie selwer. Déi ënnerschiddlech Sproochekompetenzen dierfe fir den Einzelnen net zu Nodeeler féieren an Ongerechtegkeete verdéiwen.

Déi sproochlech Situatioun zu Lëtzebuerg ass eng extreem lieweg Situatioun. Esou wéi d'Lëtzebuergescht selwer sech zemools bei de jonke Generatiounen verännert, esou verännert sech och stänneg dat generell Sproochebild vum eise Land. Dës iwweraus lieweg Sproochesituatioun ass en Ausdrock vun der Diversitéit zu Lëtzebuerg, eng Diversitéit, déi iwwer Joerzéngte lues a lues zougeholl huet an eis Gesellschaft enorm beräichert huet.

Mee natierlech bréngt dat och Erausforderungen a Problemer fir eis Gesellschaft mat sech. Mee eis Lëtzeburger Identitéit ass eng, déi sech och duerch den demografesche Phänomeen vun der Awanderung charakteriséiert, an dat net just a rezenter Zäit, mee zënter dass Lëtzebuerg als Staat existéiert. An eisen Debatten iwwert dat neit Integratiounsgesetz wäerte mer dës Jore nach dorobber ze schwätze kommen.

Da schreiw mer an den Artikel 5 déi europäesch Integratioun an als Bestanddeel vun deem, wat Lëtzebuerg ausmécht. Lëtzebuerg ass viru ronn 100 Jore eng Wirtschaftsunioun mat der Belsch agaangen, duerno eng Benelux-Kooperatioun a war viru 70 Jore schlüsslech eent vun de sechs Grënnerlänner vun der Europäescher Gemeinschaft fir Kuel a Stol, aus där mëttlerweil d'EU ginn ass. An ob et en onofhängegt Lëtzebuerg nach géif ouni d'Europäesch Unioun ginn, dorunner zweifelt esou munchereen - ech als Éischten.

De leschte Mëttwoch hat d'Conférence Saint-Yves eng Konferenz organiséert iwwert d'Pensée juridique vum Pierre Pescatore, dee fir Lëtzebuerg net nëmme bei de Verhandlungen zum Rëmesche Vertrag (EWG) dobäi war, mee och schonns nom Krich zu New York dobäi war, wéi d'UNO gegrënnt ginn ass.

Dës Jurist, Diplomat, Unisproff a Riichter vum EU-Gerichtshaff war en éiwege Verfechter a kritesche Begleeder vun der europäescher Integratioun, déi hie während 18 Jore als Riichter um Europäesche Gerichtshaff begleet - an ech woen ze soen: matgestalt - huet. Hien hat sech a senger jonke Jore vill mat der US-amerikanescher Verfassung auserneegesat. A wéi op der Konferenz gesot gouf vum Koen Lenaerts, dem aktuelle President vum EU-Gerichtshaff, deen iwwregens dem Pierre Pescatore säi Student war, ass de constitutionnelle System an den USA esou, dass tëscht deenen eenzelne Staaten an de federalen Autoritéiten en Hin an Hier ass, wou deen een Niveau dat gewënnt, wat deen anere verléiert. Do schwätze mer vun engem System vu Gewënner respektiv Verléier.

Bei der europäescher Integratioun ass dat net esou, dem Pierre Pescatore no, deen den Droit de l'intégration mat gegrënnt huet. Mir schwätzen hei vun engem „fédéralisme coopératif“ respektiv vun der „souveraineté complémentaire“. Mir verléieren also als Land näischt, mir gewanne just.

Fir eis Gréng ass déi europäesch Integratioun och haut nach ëmmer primordial. Just um supranationalen Niveau kënne mer déi grouss global Erausforderungen, wéi déi vun der Transitioun zum Beispill, meeschteeren. Zesumme si mer méi staark. An „zesummen“ heescht och net, dass mer eis Spezifitéit oder Identitéit mussen opginn. De Motto „In Vielfalt

geint - Unie dans la diversité - United in diversity“ ass ee vun de Symboler vun der europäescher Integratiouns-demarche. An deem schlësse mer eis haut via den Artikel 5 un. „In Vielfalt geint“ ass deen Ausdrock, déi Iwwersetzung, déi dee Gedanken am beschten erëmgëtt.

Nodeems ech dës fënnef éischt Artikelen kommentéiert hunn, géif ech mer nach dës Bemierkung erlaben: Mir beschreiw Lëtzebuerg als en oppent, als en dynamescht Land an eiser Verfassung. Oppenheet an Dynamik sinn nieft der Zouverlëssegkeet zwou vun deene Charakteristiken, déi am Nation Branding fir Lëtzebuerg festgehalen goufen. A méi zouverlësseg gi mer eebefalls mat deem neie Reegewierk zur Staatsorganisatioun, iwwert dat mer haut eng éischte Kéier wäerten ofstëmmen.

Ech profitéiere vun der Geleeënheet, fir lech e puer Resultater vun der European Values Study an deem Kontext matzedeelen, déi mer den 13. Januar am Kader vun der Chaire parlementaire virgestallt kruten. D'Interviewe goufen tëscht dem Oktober 2020 an dem Januar 2021 gemaach. Et ass wichteg ze wëssen, wéi d'Bevëlkerung zu hiren Institutionen steet. Ronn zwee Drëttel hu Vertrauen an d'Parlament an an d'Regierung, e gudde Véierel huet keent oder net vill an déi aner hu keng Meinung ausgedréckt.

Beim Justizwiesen an der Polizei leie mer jeeeweils bei dräi Véierel: 75 % vun de Leit hu Vertrauen an déi Institutionen oder Instanzen, ee Fënneftel, 20 %, huet keen oder weeneg Vertrauen, an déi aner Leit hu sech net ausgedréckt.

Dës si gutt Wäerter a weisen eng staark majoritär Zoustëmmung zu eisen Institutionen. Dat ass e gutt, e wichteg Zeechen. An dat ass nach laang net an all Land esou.

Ech kommen zum Fonctionnement vun der Exekutiv: De Grand-Duc zesumme mat der Regierung si responsabel an et ass d'Regierung, déi d'Staatsgeschäfte am Alldag féiert. De facto ass dat elo schonn esou. Mir halen et elo am Text vun der Verfassung fest.

Et ass schonn ernimmt ginn, de Finanzement vun der Maison du Grand-Duc hu mer schonns gekläert. D'Froe wéi déi vun der Nofolleg vum Grand-Duc, senger Odfankung, der Regence reegele mer och elo an der Verfassung an net méi via de privatrechtleche Familljepakt vun den Nassauer vu 1783. Deen huet 239 Jore um Bockel. Dës si weider Zeeche vun engem transparenten a moderne Rechtsstaat.

D'Chamber bleift mat agebonnen, ëmmer. Si behält doduerch permanent hir Roll als Volleksvertretung. Déi demokratesch Kontroll vun der Chamber ass onënnerbrach. Et entsteet, ech hunn et scho gesot, kee Vide juridique oder keng Vacance du pouvoir méi.

Den neien Artikel 36, also den aktuellen 32 (4), iwwert den État de crise ass dee kruzialen Artikel - et ass scho gesot ginn, mee ech ënnersträichen et nach eng Kéier -, wou de Grand-Duc och an Zukunft muss agräifen, an zwar, ech zitieren: «En cas de crise internationale, de menaces réelles pour les intérêts vitaux de tout ou partie de la population ou de péril imminent résultant d'atteintes graves à la sécurité publique, le Grand-Duc» - nodeems e festgestallt huet, dass mir hei, d'Chamber, net fåeg sinn, kuerzfristeg ze legiferéieren, an deem Fall - «peut prendre en toutes matières des mesures réglementaires.»

Am Fall wou de Grand-Duc am Amt stierft, wou en ofdankt oder aus anere Grënn säin Amt net kann ausüben,



steet elo am neien Artikel 49, dass d'Fonction vum Staatschef vun der Regierung kollektiv iwwerholl gëtt; dëst gëllt och natierlech am Fall vun enger Regence – kee Vide, keng Vacance du pouvoir, ech widderhuele mech. D'Stabilitéit vun den Institutionen an doduerch déi vum Land gi gestärkt mat deem Text vun haut.

Wéi am neien Artikel 80 steet, geschitt dat mam Premier als Primus inter pares. Dem Premier seng Roll ass d'Koordinatioun vun der Regierungsaarbecht an hie suergt fir de Maintien de l'unité de l'action gouvernementale. E muss se all zesammenhalen, domadder huet e scho vill Aarbecht. Dësen Artikel ass zwar nei, mee trëfft op déi aktuell Praxis zou.

Och nei am Text sinn d'Dispositionen, déi mer am Artikel 82 festhalen an déi eis vläicht méi bekannt sinn aus dem Ausland. Et geet ëm d'Vertrauens- oder d'Mësstrauensfro respektiv d'Motions de confiance oder de censure. An der Praxis ass et och elo schonns esou, dass de Premier no der Regierungsbildung an d'Chamber koom, en huet eng Deklaratioun mam Regierungsprogramm gemaach a krut duerno, zum Beispill den 12. Dezember 2018, d'Vetraue vun der Majoritéit vun der Chamber duerch de Vott vun enger Motioun ausgeschwat. An Zukunft wäert dat ëmmer de Fall sinn, wann e sai Regierungsprogramm virstellt, ob do eng Motioun derbäi kënnt oder net.

Hie kann et awer och, an dat ass dat Neit, an Zukunft allkéiers maachen, wann e Vott vun engem wichtege Gesetz usteet oder enger Regierungsdeklaratioun, wou et drëms geet, dass d'Regierung wëllt wëssen, ausdrécklech wëllt wëssen, ob se op politesch wichtege Punkten d'Chamber hannert sech huet oder net, ob et e klore Jo ass oder e mëlle Jo.

De Corollaire ass deen, dass op Initiativ vun der Chamber awer och de Mësstrauensvott kann op den Ordre du jour kommen, a mir wäerten déi nächst Deeg an der Institutionskommissioun kucken, wéi mer dat am Reglement wäerten abannen. Dat kann, wéi een et am Ausland gewinnt ass, relativ séier kommen an op Initiativ vun deem engen oder deem aneren oder e puer Deputéierten.

Huet d'Regierung d'Vetraue vun der Chamber net méi, dat heescht keng Majoritéit beim Vott vun enger Vertrauens- oder Mësstrauensmotioun, dann ass et kloer dës Kéier, dann ass se demissionnaire. Si därf awer net hirer Wee goen, si muss geschäftsféierend am Amt bleiwen, och wa se d'Flemm huet, bis zur nächster

Regierungsbildung, neier Regierungsbildung, wéi et wierklech och gesot ginn ass d'leschte Kéier, déi duerch Neiwalen oder duerch d'Constitution vun enger neier Majoritéit an deem Haus kann entstoën. An d'Neiwalen, déi ka just de Grand-Duc ausruffen. Mee dat kënnt awer nach an deem Deel, wou ech zoustänneg sinn, an deem vun der Chamber gëtt dat méi ausdrécklech behandelt.

Dëst ass och e wichtegt Element vun der parlamentarescher Demokratie, genau wéi den neien Artikel 83, wou mer nieft der politescher Verantwortung vun de Regierungsmembere virum Parlament och déi penal Verantwortung klären. Déi war bis ewell net gekläert. Hei kënnt et elo zu enger klarer Prozedur, wou d'Instruktioun awer just kann op Initiativ vum Parquet ageleet ginn. Béid Verantwortungsniveaue ginn elo kloer getrennt a stroferechtlech ginn och elo kloer Prozeduren ugewannt fir d'Memberen aus der Regierung – e weidert Beispill vun der Stärkung vum Rechtsstaat.

D'Kapitel vun de Gemengen ass e puermol ugeschwat ginn. Et geet ëm d'Recht, dass d'Gemengen déi néideg Finanzmëttel kréien. Wa mir hei per Gesetz iwwer eppes ofstëmme, wat d'Gemengen an d'Flicht hält, da mussen mer eis kloer sinn, dass och dat néidegt Geld fir d'Gemengen disponibel gemaach gi muss. A meng Virriedner hu schonn drop higewisen, dass et och elo wäert méiglech sinn, dass d'Gemengen eleng oder zesammen en Établissement public kënne grënnen.

Loosst mech zum Schluss nach e puer Wieder soen zur Trennung vu Kierch a Staat. Den Artikel 102 an der neier Sektoun 3 klärt d'Relatioun tëscht dem Staat an de Reliounsgemeinschaften. Dësen Artikel ass zesammen ze liese mat deene vun de Grondrechter, déi mer nächstens hei beschwätzen, dat heescht am drëtten Deel vun der Verfassungsreform, fir deen d'Simone Beissel Rapportrice ass.

Den zukünftigen neien Artikel 10ter seet: «Toute personne a droit à la liberté de pensée, de conscience et de religion.» Dës Approche ass och consacré am Artikel 9 vun der Europäescher Mënscherechtskonvention. Mir wäerten och den aktuellen Artikel 19 ëmgeännert bäibehalen. Hei ginn d'Libertés „de manifestations convictions philosophiques et religieuses“, „d'adhérer ou de ne pas adhérer à une religion“ an d'Liberté de culte garantéiert a kee ka gezwonge ginn, un der Zeremonie vun engem Culte deelzehuelen, och deem seng Feierdeeg ze observéieren. Dës Dis-

positioun steet haut schonn esou an der Verfassung am Artikel 20.

Deen elo proposéierte Wording zur Trennung vu Kierch a Staat geet jo op den 21. Januar 2015 zrëck. Deemools huet d'Chamber een Dag no der Regierungsdeklaratioun zum Verhandlungsaccord mat de Reliounsgemeinschaften mat 55 géint 5 Stëmme eng Resolutioun ugeholl a sech géeneegt op d'Aschreiwung an d'Verfassung vun der Neutralitéit vum Staat op reliésem, ideologeschem Plang, dorops, dass de Staat net méi opkéim fir d'Paie vun de Ministres des Cultes an dass deementspriedend och déi véiert Fro aus dem geplangte Referendumsgesetz 6738 sollt gestrach ginn.

Fir déi gréng war d'Trennung vu Kierch a Staat ëmmer eng wichtege Fuerderung.

**Une voix.** – Très bien!

**M. Charles Margue (déi gréng).** – Selwer war ech zënter menger Jugendzäit, a mat ville Frënn aus der JEC (ndlr: Jeunesse étudiante chrétienne) an der Jugendpor, och derfir, déi Trennung ze maachen. Esou eng Trennung ass néideg, well se (veuillez lire: well dat fréiert Verhältnis) ass iwwerlieft an ongesond gewiescht, schonn deemools, souwuel fir de Staat wéi fir d'Kierchen an d'Reliounsgemeinschaften selwer. All Instanzen an Autoritéiten an enger Gesellschaft mussen fräi an onofhängeg vunenee fonctionéieren, soss kënne se hir jeeweileg Rollen net zefriddestellend erfëllen.

Kloerheet gouf et an deem Sënn ab 2015 mat der Trennung vu Kierch a Staat. Ech woen ze behapten, dass et der haut net vill hei am Land gëtt, déi dorops (veuillez lire: op dat fréiert Verhältnis) wëllen zrëckkommen. Dës Trennung huet et méiglech gemaach, an dat ass a mengen Aen e wichtege Fortschritt och fir d'sozial Kohäsioun, dass de Staat ka Konventionen mat alle reliéisen Autoritéiten, an dat um selwechten Niveau, ofschléissen. An esou engem Kader kann nämlech e gereegelten Dialog stattfannen, dee weesentlech ass an enger Gesellschaft, och an enger staark sekulariséierter Gesellschaft wéi där lëtzebuergescher.

Zu Lëtzebuerg ass déi reliéis Praxis massiv zrëckgaangen a wäert sech fir de Moment op 15 % apendelen, och laut den Zuele vun der European Values Study. A manner wéi d'Hallschent, an dat war en Novum, vun de Leit hei am Land bekennt sech zu enger Relioun.

Mat alle Punkten, déi ech elo behandelt hunn, gëtt kloer, dass dat, wat fir

eis Gréng wichteg ass, mat dëser Verfassungsreform erfëllt gëtt, nämlech d'Uppassung vum Text un d'Praxis an d'Afëierung vu klore Reegelen, wéi d'Institutionen mateneen, awer onofhängeg fonctionéieren, d'Aschreiwung vun de Mënscherechter als Referenzkader, d'Ofschafe vu Grozone beim Exercice des pouvoirs. Dës si Fortschritte a puncto moderne Rechtsstaat, a puncto Gewaltentrennung. D'Kompetenze gi gekläert a Kompetenzen, déi gekläert sinn, sinn der, déi gestärkt ginn, wéi och schonns beim Kapitel Justiz, wou mer den éischte Vott schonns gemaach hunn.

An deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen, Président.** – Merci villmools, Här Charles Margue. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** – Villmools merci, Här President. Ech wëllt dann och ufänken an dem Här Mars Di Bartolomeo e grouse Merci soe fir déi Manéier, mat där en eis hei duerch dat Kapitel gefouert huet als Rapporteur. Dat war méi wéi interessant an et war brillant argumentéiert, mir sinn net ëmmer d'accord – an ech wäert och drop kommen –, wat de Fong ugeet.

Ech wëll awer och vläicht ufänken an nach eng Kéier e Kommentar maachen, fir op déi extreem aggressiv Manéier ze reagéieren, mat där d'CSV hei virdrun opgetrueden ass. Ech wëll vläicht soen: Wann ech kucken, firwat d'CSV dat mécht, dann denken ech, ass dat, well se u sech keng vun hire Fuerderungen duerchgesat krut, déi se eigentlech wollt.

Wann ech déi Acrobatië vun der CSV kucken, déi se säit 2015 opféiert an der Affär Kierch a Staat, da wonnert et mech net, dass se elo probéiert ofzelenken. Et wonnert mech net, dass se probéiert ofzelenken, well zum Beispill aus der Fuerderung, dass de Formateur no Walen ëmmer soll aus där gréisster Partei kommen, ass näischt ginn. Dat fënnt een net dran.

**M. Claude Wiseler (CSV).** – Mengt Der, Dir misst lech wieren?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** – Et fënnt een näischt vun enger Chambre des élus locaux – och esou e Credo vun der CSV. D'CSV stëmmt hei en Text mat, an deem eigentlech hir Handschrëft ganz, ganz, ganz butzeg kleng vläicht ze gesinn ass. An dofir wëllt se oflenken. Et ass u sech eng ganz bëlle Method.

**M. Claude Wiseler (CSV).** – Geet et lech elo besser?

(Hilarité)

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** – Et sinn natierlech vill positiv Neierungen an deem Text. Dat streide mir als ADR net of. An d'Virriedner hunn der eng Partie ervirgehewen.

Eng dovunner ass natierlech d'Festschreiwung vun der Lëtzebuurger Sprooch an déi nei Verfassung. Mee dofir hätt et keng Gesamtrevisioun gebraucht! Mir hunn als ADR selwer eng Proposition de révision vun der Verfassung gemaach, wou mer proposéiert haten, fir d'Lëtzebuurger Sprooch an d'Verfassung opzehuelen. Elo ass se dran, dat freet eis, mee et muss nach esou sinn, dass d'Wichtigkeet vun der Lëtzebuurger Sprooch dann och am Alldag dem Verfassungsrang Rechnung dréit, deen se elo krut. Lëtzebuergesch muss einfach ausgebaut ginn.

Mir hätten zum Beispill och gären – eng Proposition, déi mir gemaach hunn –, dass och eng lëtzebuergesch Versioun vun där neier Verfassung, sollt se da kommen, soll publizéiert ginn, well, ech mengen, dat ass einfach wichteg, dat ass och symbolesch. Wa mer soen: „D'Lëtzebuergesch ass d'Nationalsprooch“, da soll och d'Verfassung an der Lëtzebuurger Sprooch sinn, quitte dass – an dat soe mer och direkt – déi rechtlech Verbindlechkeet muss am franséischen Text bleiwen, well Lëtzebuergesch nach eng Ausbausprooch ass an nach net mat där selwechter Präzisioun kann a juristeschen Texter, net mat där selwechter Zouverlässegkeet ka benotzt ginn. Mee dat verlaangt nach e bëssen Aarbecht.

(Interruption)

Mir hu Kritikpunkten an deem Kapitel, wat d'Souveränitéit ugeet a wat d'Monarchie ugeet. Dat ass haut vill diskutéiert ginn. Ech wëll dofir nach eng Kéier besonnesch op déi Aspekter agoen.

Wat d'Monarchie ugeet: Natierlech, déi konstitutionell Monarchie ass hei am Land extreem beléift. Si ass vun enger grousser Majoritéit – net vun all de Leit – absolutt akzeptéiert. De Groussherzog gëtt dobäi gesinn als eng Perséinlechkeet, déi en neutrale Representant vun dem Land ass, déi natierlech iwwert der Politik steet an och iwwert de politesche Pouvoiren. Och dat ass déi traditionell Konzeptioun.

Elo gi mer awer hin, an dofir och dee franséische Modell, op dee sech



D'Regierung am Plenarsall vun der Chamber um Krautmaart



explizitt an den neien Texter beruff gëtt, datt eeben d'Virbild schonn e bëssen déi franséisch Verfassung ass. An do ass ganz vill eeben agefloss.

Et ass awer, an dat hunn d'Virriedner net gesot, schonn a méi wéi enger Hisiicht e brutale Broch mat deene Gewunnechten, déi mer hei am Land mat der Monarchie hunn. An dat wuel visibelst Beispill, dat ass d'Eedesformel. Mir hunn déi Eedesformel, wa Beamten, Politiker, Zaldoten, anerer vereedegt ginn, säit laanger Zäit. Do ass ëmmer dee Saz dran: «Je jure fidélité au Grand-Duc» oder «Je promets fidélité au Grand-Duc». Dat fält ewech. A kee vun de Virriedner huet dat gesot. An d'Symbolik ka jo net ënnerschat ginn!

Mir hunn elo eng Verfassungs-geschicht vun, ech weess net, no un 200 Joer iwwert den Daum. An trotzdem ass dat elo e Broch, dee mer maachen. De Serment op de Grand-Duc, dee fält ewech! Et ass eng Referenz, déi schonn eleng an eisen Aen derwäert wär, e Referendum ze maachen. Wëllen d'Lëtzebuurger dann, wëllen all déi Dausenden an Dausende vu Leit, déi op de Grand-Duc vereedegt waren, wëllen déi, datt dat ewechfält? Ech mengen dat net!

Fir eis ass kloer, datt et schonn a viler Hisiicht eng Reform ass, déi de Grand-Duc schwächt. Zum Beispill: Bis elo war et esou - an dat ass keen alen Text, en ass aus dem Joer 2004, Artikel 76 -, datt de Groussherzog seng Regierung organiséiert huet. Dat fält ewech. D'Regierung organiséiert sech an Zukunft selwer an da kann de Grand-Duc natierlech en Arrêté grand-ducal huelen, mee mir wësse jo, an dat ass kloer: Et ass u sech d'Regierung, déi dat da mécht. Dat ass just e Formalismus.

D'Fro ass jo: Wat wär dann, wann de Groussherzog wierklech enger anerer Meenung wär? kéint en dat da soen? kéint en dat zum Ausdrock bréngen? An da kënnt jo déi ganz Architektur hannendrun. Well de Grand-Duc kann ënner Drock gesat ginn. Dat ass deen neien Artikel 48. E gëtt a senger Handlungsfreiheet géintwärt der Regierung mat Sécherheet beschränkt! Well et ass eng Prozedur eeben ageféiert, wou d'Regierung kann déi Initiativ huelen - «si le Grand-Duc ne remplit pas ses attributions constitutionnelles» -, fir eeben dann op e Wee ze goen, datt consideréiert gëtt, datt en ofgedankt hätt. Et ass eng Prozedur virgesinn, mee d'Regierung kann d'Initiativ huelen.

An dat ass, mengen ech, eng ganz weesentlech Saach! Wann de Groussherzog eng onofhängeg Meenungsbildung huet a wëllt soen, wou en net mat der Regierung d'accord ass, well e vläicht iwwerparteilech denkt, well en d'Interesse vum Land op déi éischt Plaz setzt, da kann d'Regierung déi Prozedur lancéieren. An dat ass wierklech eng Gefor!

Wéi ass dat ze interpretéieren, «si le Grand-Duc ne remplit pas ses attributions constitutionnelles»? Wann e Groussherzog op seng Staatsform wëllt oppassen ...

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Jo, jo.

Wann e wëllt oppassen, da probéiert en natierlech vu vieren - vu vieren! -, esou Konflikter ze verhënneren.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

D'ADR respektéiert d'Funktioun vum Staatschef an hirem eegene Wäert ...

**M. Fernand Etgen, Président.** - Här Kartheiser, erlaabt Der, datt de Premierminister ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Nee, nee, nee. Herno! Herno ganz gär.

(Interruptions diverses)

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Voilà!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - O, wann Der wëllt. Wann Der lech ... Also da jo. Da kommt! Schwätzt! Ech wollt just kohärent am Text virugoen.

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, ech wollt froen, well am Text steet awer dran „impossibilité temporaire”. Hei ass jo dann e Fait, deen do ass. Duerfir, den Här Kartheiser liest just en Deel vum Saz.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, ech kann lech zum Beispill soen, Här Staatsminister, fir op déi do Remark direkt ze äntweren, datt och mir agesinn, datt et verschidde Circonstancë ka ginn, wou effektiv esou e Wiessel néideg ass. Awer de groussen Ënnerscheed ass: Eis geet et net drëm, d'Funktioun selwer ze devaloriséieren oder ze schwächen oder ze destabiliséieren. Mee mir hätte gewësse Cas de figure scho gesi wéi zum Beispill medezinnescher, dat ka jo virkommen, an dann hätte mer dat kënne an den Text schreiwen. Awer déi allgemeng Form, wéi et elo virgesinn ass, dat geet eis einfach ze wäit. An ech hunn lech erkläert, firwat dat esou ass. Sou!

D'Regierung ass awer schonn déi, déi haaptsächlech gewënnt an der Konkurrenz tëscht den Institutionen, well den Artikel 49 - en ass hei zitéiert ginn - seet jo ganz kloer, wann de Grand-Duc eebe verstuerwen ass, ofgedankt huet oder wa festgestallt gëtt, datt e seng Attribution constitutionnelle net kann ërëllen, datt d'Fonction de Chef d'État dann duerch d'Regierung exercéiert gëtt. Firwat? Et hätt ee jo och do kënne aner Méiglechkeete gesinn: en anere Member vun der groussherzoglecher Famill, de President vum Parlament oder en aneren, de President vun der Cour constitutionnelle. Nee, d'Regierung ass Staatschef!

De Groussherzog léist och net méi de Gemengerot op, mee d'Regierung. Wann d'Regierung demissionéiert huet, dat ass och ganz interessant, da steet an der Verfassung net, datt se nach d'Affaires courantes mécht, wéi dat am Allgemengen an anere Länner de Fall ass. Nee, déi Lëtzebuurger Regierung behält d'Fakultéit «de conduire la politique générale». Firwat dat? Firwat net nëmme d'Affaires courantes bis zu neie Walen?

Dann, d'Urteeler vun der Justiz - ech ernimmen dat just kuerz, well dat hu mer scho beim Kapitel virdrun diskutéiert - ginn net méi am Numm vum Grand-Duc geholl, mee nëmme nach am Numm vum Grand-Duc exekutéiert. A mir wäerten am Här Margue sengem Deel, am véierten, iwwert d'Opléisung vun der Chamber schwätzen. Dat féiert am Abléck elo ze wäit.

Ech kommen awer op de Kommandant vun der Arméi. Den Här Di Bartolomeo hat dat ugeschwat. Do ass et jo esou, datt et am Abléck am Artikel 37 heescht: «Le Grand-Duc commande la force armée.» Gutt! Dat ass déi aktuell Situatioun. Dat ass näischt Onübliches. Monarchen iwwerall a Staatscheffen hunn normalerweis och déi Attributionen, datt se Kommandant vun der Arméi sinn. Dat heescht och net, datt de franséische President, wéi ee vun de Virriedner gesot hat, op säi Päerd klëmmt a mam Säbel virreit. Och déi Zäite sinn eriwuer. Et ass awer esou, datt d'Staatscheffe gewéinlech Kommandant vun der Arméi sinn. Dat war och bis elo zu Lëtzebuerg.

Elo ass dat geännert ginn. Deen neien Artikel 41 (3) (veuillez-lire: 41 (1)) seet: «Le Grand-Duc porte le titre de commandant de l'armée.» E kommandéiert also net méi, en huet nëmme nach den Titel. En ass net méi Kommandant vun der Arméi - wichteg Textännerung. An da steet de Saz hannendrun: «Ce commandement» - deen e jo net méi huet, en huet e jo net méi, en huet nëmme nach den Titel - «est exercé sous la responsabilité du Gouvernement.»

Wou ass do d'Logik? E kritt de Kommando ewechgeholl, en huet nëmme nach den Titel. An dat, wat en ewechgeholl krut, dat gëtt dann ënnert der Autoritéit vun der Regierung gemaach. Dat ass a mengen Aen absurd! D'Regierung gesäit sech do selwer e bëssen als Staatschef, wéi mer et virdru gesot hunn, an och e bëssen als Kommandant vun der Arméi. Bon. Mee op jidde Fall ass dat doten net logesch.

Bei den internationale Kompetenze geet et weider. Den Artikel 37 am Abléck seet: «Le Grand-Duc [...] déclare la guerre et la cessation de la guerre», wann en duerch eng Zweedréttelmajoritéit vun der Chamber autoriséiert gouf.

An elo grouss Ännerung, an ech géif wierklech d'Kollege Rapporteurs hei invitéieren, elo gutt nozelauschteren: Den neien Artikel 97bis seet, d'Chamber soll iwwert de Krichszoustand deliberéieren an och doriwwer befannen, ob d'Lëtzebuurger Arméi soll am Ausland engagéiert ginn. Do si mir komplett d'accord. Et steet awer elo net méi do, an dat gëtt elo interessant, wien dann eng Krichserklärung mécht. D'Chamber deliberéiert just nach iwwert de Krichszoustand, awer ob een en erkläert, wéi bis elo de Grand-Duc, dat steet net méi dran.

Dat ass awer ganz interessant, well am Projet 7700 - deen, dee mer haut

Dat heescht, mir hunn an dem aktuellen Deel: „toute déclaration relative à l'état de guerre”. An am Här Margue sengem Deel, op dee mer nach kommen, steet, d'„déclaration de guerre” ass contraire „au droit international” an esou weider. Ech felicitéieren dann awer fir déi Kohärenz an de Räsonnementer. Fir eis ass dat natierlech onsënneg. Et ass komplett onsënneg! An et ass kee Wonner, wann Der wierklech déi Texter emol kuckt a vergläicht, datt mir soen: Dat passt net! Dat ass onlogesch. Et ass onsënneg.

A souwisou, déi geplangte Reforme verschiben d'Pouvoir vum Staatschef op d'Regierung. Da steet hei ... Dat wëllt Der jo och! Dat ass jo och gewollt, well de Räsonnement ass jo, déi Proposition de révision - dat liese mer och a schéine Broschüren -, déi wär jo do, fir der Regierung déi Plaz ze ginn, déi hir zoukënn.

Ech mengen, si kritt vill ze vill Pouvoiren, d'Regierung! Si hëlt sech Pouvoiren, déi u sech enger Instanz driwwer, nämlech dem Staatschef, zoukommen, eebe fir d'Regierung am Spill vun den demokrateschen Institutionen net ze staark ze maachen.

Och - an dat wëll ech awer hei och kloer soen - ass dat Kapitel hei eng Schwächung vun der nationaler Souveränitéit. Et steet jo elo dran, datt mir eis un der europäescher Integratioun bedeelegen. Et ass eng Banalitéit. Et ass eng Selbstverständlechkeet, datt mer dat musse maachen. Da gëtt gesot: „Jo, an der franséischer oder an der däitscher Verfassung steet dat och.” Mee d'Fransousen an déi Däitsch, eis léif Noperen, hunn aner Méiglechkeeten am Prinzip. Si hu vill méi eng grouss Méiglechkeet, fir onofhängeg ze sinn. Lëtzebuerg huet dat absolut net. Mir hu keng aner Wiel!

An ech wëll der CSV dat och nach eng Kéier soen, déi jo hei behaupt,

wëssen an aus eiser Geschicht eraus léieren, datt mer all Interessi drun hunn, fir esou Engagementer virsiichteg ze huelen. An et muss een net alles an eng Constitution schreiwen, well deen Abléck kann och kommen, wou een dat ka bedauern, fir esou wäit Engagementer auszeformuléieren. Et ass keng grouss Gefor, dat ginn ech zou, mee et ass besser opzepassen.

Dat ass och de Fall bei der definitiver Delegatioun vu souveräne Rechter un déi Europäesch Unioun - an un international Organisationen, steet am Text, dat därer een net vergiessen -, wou den Exercice de pouvoir de l'État bis elo nëmme konnt temporär delegéiert ginn. An elo fält dat Wuert „temporär” ewech. Mir ginn also an eng Richtung „definitiv Ofriedung vu Rechter”.

Dat ass wichteg. An et ass net esou, datt awer méiglech wär ..., oder esou. Nee, et gëtt am Exposé des motifs vun dësem Text ganz kloer gesot, et wär eng Fiktioun - „eng Fiktioun” steet am Text! -, fir ze denken, datt ee kéint Rechter och zréckkreien. Et wär also kloer, datt dat, realistesch gesinn, nëmme kéinten definitiv Transferte vu souveräne Rechter sinn. Mee dat ass näischt anescht wéi d'Bekanntnis zu engem federale Staat!

(Interruption)

Dat ass näischt anescht! An eleng dat ... Mir hate scho virdru gesot, d'Eedesformel wär fir eis schonn e Grond genuch, fir e Referendum ze huelen, ob d'Lëtzebuurger wierklech d'accord sinn, fir dee «Je jure fidélité au Grand-Duc» opzeginn.

**Une voix.** - Jo! Direkt!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Eng zweet Saach ass: Sinn d'Lëtzebuurger wierklech d'accord, fir déi souverän Rechter, „les pouvoirs de l'État”, definitiv un international Institutionen



Den Här Fernand Kartheiser (ADR)

diskutéieren - steet am Text Artikel 97bis: «Toute déclaration relative à l'état de guerre et tout engagement» gëtt dann diskutéiert an der Chamber. Dat heescht, et gëtt nach eng «déclaration relative à l'état de guerre», well d'Chamber deliberéiert driwwer. Et weess een zwar net, wie se herno schwätzt.

An da steet an deem nächsten Deel oder dem iwwernächsten, dem Här Margue sengem Deel 7777, am Artikel 71 am Exposé des motifs - an et steet dann net méi ... Effektiv, den Artikel korrespondéiert -: «La déclaration de guerre étant toutefois un instrument juridique dépassé, non conforme au droit international et de surcroît inadapté pour garantir les droits du Parlement, la nouvelle disposition ne reprend pas le texte actuel.»

mir wäer géint eng europäesch Integratioun, eng europäesch Zesummenaarbecht. Mir hunn dach guer keng aner Wiel als klengt Land! Dat ass eis ganz Geschicht! An natierlech ass eng ADR sech voll bewusst, datt mer och mussen an internationalen europäeschen Organisationen matmaachen. Den Ënnerscheed tëscht enger Konzeption Federalstaat, wéi d'CSV se dacks vertritt, an eiser ass einfach: Wéi eng Modalitéiten, wéi eng Institutionen, wat ass d'Plaz vun eise Land an esou engem Europa? Mee net de Prinzip! A wann een hei esou eppes behaupt, ech mengen, dat ass einfach onéierlech. Gutt!

Dann, also et ass jo ganz kloer, wann een esou eppes draschreift, da muss ee sech froen: Et ass eng absolut Banalitéit fir Lëtzebuerg, mee wat sinn d'Geforen? Et muss een dach och

ofzeginn, wou mer net wëssen ...? An dat ass dee wichtige Punkt, well dat léiert eis d'Geschicht. Virdrun ass Messina als Beispill genannt ginn. Mee d'Geschicht léiert eis, datt den Destin vun esou Institutionen oder Organisationen och onsécher ass per se! Mir wësse jo haut net: Wat ass d'Schicksal vum Euro an zéng Joer? Wéi gesinn déi Tensionen an der Europäescher Unioun an zéng Joer aus?

**Mme Simone Beissel (DP).** - Säit 65 Joer Friden, ne.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Wéi sinn d'Relationen zwëschen Norden a Süden? Wéi si se zwësche Westen an Osten?

**Mme Simone Beissel (DP).** - Säit 65 Joer.



**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Wéi ass d'Sécherheetslag an Europa? - och eng Fro, déi mer eis haut kënne stellen.

Dann, den Artikel 33 (3) betrëfft jo d'Iwwersetzung vun europäesche Rechtsinstrumenter an nationaalt Recht. Dat ass jo dat, wou gesot gëtt ... U sech steet hei, dat ginn ech gär zou: «Le Grand-Duc prend les règlements [...]». Mee mir wëssen alleguer, datt dat d'Regierung ass an deem Kontext. Op jidde Fall, do ginn da Reglementer geholl: «prend les règlements nécessaires pour l'application des actes juridiques de l'Union européenne».

Da freet ee sech natierlech, wann een dat liest: Wéi eng Actes juridiques sinn dat? Dat steet awer net do! Dat steet net do! Dat steet och net am Exposé des motifs. Et steet just do: «Le paragraphe 3 propose d'introduire une disposition destinée à faciliter la mise en œuvre des actes juridiques de l'Union européenne.» Mee „actes juridiques de l'Union européenne“, déi sinn opgezielt an den Traitéen. Wësst Der, wat dat ass, d'Traitées européens, no den europäeschen Traitéen, d'Actes juridiques de l'Union européenne: Traitées européens, Règlements, Directives, Décisions, Recommandations, Avis, Actes délégués, Actes d'exécution. Vu wat schwätze mer dann?

Dir schreift eng Verfassung, wou Der sot: „D'Regierung“, formal de Grand-Duc, „hëlt d'Reglementer, fir dat ëmzesetzen.“ Mir hu keng Anung, wéi eng oppen Diere mer hunn. Mir hu keng Anung, wéi de Rôle vun der Chamber an Zukunft ass, wéi d'Kontrollfunktoun vun der Chamber ass, wéi d'Direktive sollen ëmgusat ginn. Nee, nee, dat ass esou. Mir wëssen et net! Dat hei ass e Chèque en blanc. An et riskéiert och, de Pouvoir vun der Chamber méi kleng ze maachen, well et steet néierens eppes anescht.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Här Kartheiser, dat doten ass lächerlech!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Wann een en Text vun enger Verfassung schreift ...

**Mme Simone Beissel (DP).**- Et ass lächerlech an Dir sidd deen Éischten, dee weess, dass et lächerlech ass, wat Der erzielt.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Wann een en Text vun enger Verfassung schreift, dann erënneren ech lech un de Montesquieu, dee seet: ...

(*Interruption*)

**Mme Simone Beissel (DP).**- Nee, lächerlech ass dat doten!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- «On ne peut que toucher à une constitution avec une main tremblante», ...

(*Interruptions et coups de cloche de la présidence*)

... well et weess ee jo net, wat een hei mécht. An hei ass kloer net gewosst, wat gemaach gëtt a wat domadder och kënnt.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Et ass onerhéiert, als Ex-Diplomat, dass Dir esou eppes vun lech gitt!

**M. Fred Keup (ADR).**- Nee, et ass richtig!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Den Droit de battre monnaie: Och den Här Mars Di Bartolomeo hat als Rapportier virdrun ernimmt, datt eis dat jo u sech natierlech net dovun ofhält, och nach d'Bild vum Groussherzog op eng Mënz ze maachen. Mee dat ass alles e bëssen almodesch an esou weider.

Mee et ass d'Realitéit an Europa! Ech wëll lech hei just den Artikel zitieren aus dem Traité sur le fonctionne-

ment de l'Union européenne. Dat ass den Artikel, deen eis d'Recht gëtt, fir d'Euromënz ze drécken. «Les États membres», schreift den Traité de fonctionnement sur l'Union européenne, «peuvent émettre des pièces en euros, sous réserve de l'approbation, par la Banque centrale européenne, du volume de l'émission.»

Dat ass jo eeben den Ënnerscheid zu de Geldschäiner. Iergendee vu menge Virriedner hat gesot „Geldmënz a -schäiner“, mee dat ass e fundamentalen Ënnerscheid! D'Mënz am Eurosystem sinn national Emissioun, d'Schäiner am Eurosystem sinn Emissioun vun der Europäescher Zentralbank. An dofir, d'Europäesch Zentralbank huet Pouvoir kritt - déi hu mer delegéiert. A bei de Mënz ass et eng national Emissioun an dofir hu mer selbstverständlech den Droit de battre monnaie, well mir maachen dat.

An der belscher Verfassung steet dat och, «Le roi a le droit de battre monnaie.» Am däitsche Grundgesetz ...

**Mme Simone Beissel (DP).**- Déi ass vun 1831 ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Am däitsche Grundgesetz steet: „Der Bund hat die ausschließliche Gesetz...”

**Mme Simone Beissel (DP).**- Boff!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Déi sinn och Member am Euro, wollt ech lech just soen, déi däitsch Noperen.

**Mme Simone Beissel (DP).**- D'Gesetz vun der Belsch ass vun 1831.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- „Der Bund hat die ausschließliche Gesetzgebung über das Währungs-, Geld- und Münzwesen“ - däitsch Verfassung! Majo, dat ass awer esou. Ech sinn awer frau, datt hei deen een oder aneren eppes bäileiert. Also, et ass awer esou!

(*Exclamations*)

Et ass den Artikel 128 vum Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne.

(*Interruptions diverses*)

**M. Dan Kersch (LSAP).**- Merci, Här Professor.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo. An dann, wësst Der, wat dat och heescht, wann een den Droit de battre monnaie ofschaaft an enger Verfassung?

**Mme Simone Beissel (DP).**- Här President?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Et gëtt iwwerhaupt kee Grond dofir.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Här President?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Madamm Beissel, wëllt Der eng Fro stellen?

**Mme Simone Beissel (DP).**- Jo, ech wollt lech eppes froen, ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ma dann, wannechgelift.

**Mme Simone Beissel (DP).**- ... well ech weess, dass Dir alles wësst an dass Der hei ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, merci. Dat ass leider net wouer.

**Mme Simone Beissel (DP).**- ... elo wierklech de Contraire vun deem sot, wat Der wësst. Vu wéini ass d'belsch Verfassung?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Lauschtert, Madamm Beissel, ech maachen hei ...

**Mme Simone Beissel (DP).**- 1831! A si ass net frëschgemaach ginn!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Lauschtert ... Jo, lauschtert ...

**Mme Simone Beissel (DP).**- 1994 si se Federalstaat ginn.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, gutt.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Et ass ganz normal, dass den Droit de battre monnaie säit 1831 drasteet wéi bei eis säit 1868.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Hei, d'Auer leeft virun.

**M. Fernand Etgen, Président.**- Jo, ech sinn amgaangen.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Vu wéini ass déi däitsch Verfassung?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Här Kartheiser, vu wéini ass déi däitsch Verfassung?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Lauschtert, jo ...

**Mme Simone Beissel (DP).**- 1949! Du war keng Ried vun Euro! Et ass ganz normal, dass dat an deenen alen Texter drasteet!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Wannechgelift, sot hei de Leit elo net Onwourecht! Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Elo kommt Dir schonn erëm mat den „Onwourecht“. Also éischstens, Madamm Beissel: Ech fannen net, datt e Parlament do ass, fir Quizemissiounen ze maachen.

(*Exclamations*)

**M. Dan Kersch (LSAP).**- Dat seet grad dee Richtegen!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dat Zweet, wat ech lech wollt soen, ...

**M. Dan Kersch (LSAP).**- Dir sidd grad

dee Richtegen! Dir maacht näischt aneschtens, wéi hei Lektioenen auszedeelen.

**M. Sven Clement (Piraten).**- Well Dir verliere géift!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... ass: Ech sinn net hei, fir eise belsche Kollegen hir Responsabilitéit oder eisen däitsche Kollegen hir Responsabilitéit iwwer hir Verfassungen ofzehuelen. Si maachen, wéi si dat wëllen. Ech soen lech just, wat an deene Verfassunge steet. A wa si se wëllen änneren, kënne se se änneren.

Sou, an da wëll ech och soen, datt eist Land muss dat Recht behalen, op wärungspolitesch Krisen ze reagieren. Mir hate jo Erfarunge genuch. Mir hunn x Problemer mam Euro am Abléck, mir haten d'Griichelandkris. Mir wëssen net, wat nach alles op eis zoukënnt. Mir haten och Erfarungen an der belsch-lëtzebuergescher Währungsunioun, déi eis sollen derzou bréngen, op jidde Fall net op eis eege souverän Rechter an deem Beräich ze verzichten.

Da wëll ech lech nach e puer Saache soen, déi an deem Kontext awer net onerheeblech sinn. Mir bedauern, datt de Statut vun der Fonction publique an deem neie Verfassungstext geschwächt gëtt. Den Artikel 31, deen elo do ass, dee gëtt dach der Fonction publique wäit méi Rechter wéi déi lapidar Formel, déi elo an den Text kënnt. Hei steet am Artikel 31: «Les fonctionnaires publics», an esou weider, «les membres du Gouvernement exceptés, ne peuvent être privés de leurs fonctions, honneurs et pensions que de la manière déterminée par la loi.» Eng änlech staark Formel, déi feelt an deem neie Verfassungstext. Firwat gëtt dat erausgeholl?

Am État de crise, do hate mer d'Proposition de loi vu mengem Kolleeg Roy Reding, fir kënne am État de crise Reglementer, déi d'Regierung hëlt, dem Verfassungsgeriicht virzeleeën. Ëmmerhin ass eng Diskussioun entstanen an et ass gesot ginn: „Gutt, d'Verwaltungsgericht kann dat kucken.“ Mee et ass net dee selwechte Grad vun Effikassitéit, et ass eng verpasste Chance. Mir hätte kënne den État de crise hei esou ausgestalten, datt e rechtsstaatlech méi ofgeséichert ass. Et ass eng verpasste Chance!

D'Kompetenze vun de Gemengen am Educatiounsberäich hätt ee kënne loossen. Hei ass d'Intentioun ganz kloer, well et ass net drageschriwwe ginn. Et muss ee sech jo awer wierklech Froe stellen, ob et dann net d'Intentioun ass elo, fir de Gemengen déi Reschtkompetenzen ofzehuelen.

Firwat sinn am Artikel 37 d'Traitées secrets ofgeschaaft ginn - «Les traités secrets sont abolis» -, am Abléck eng super Saach? Dat kënnt nach vum Éischte Weltkrich hier, vum Woodrow Wilson. Firwat gëtt dat erausgeholl aus enger Verfassung? Et gëtt kee Grond. Firwat gi mer

eigentlech hin a mir huelen eppes eraus, wann et eis ka schueden an Zukunft? Well, wann een net seet: «Les traités secrets sont abolis», kënne der gemaach ginn.

(*Interruption*)

Dat soll een net maachen! Ech hunn also hei probéiert, Här President ...

An ech wëll nach eng Saach soen zu der Trennung vu Kierch a Staat, och e Sujet, wou d'CSV jo e bëssen, wéi gesot, zënter 2015, Problemer domat huet.

Mee ech wëll awer och soen hei: Souwäit ech dat gesinn, ass och den Artikel 21 verschwonnen, «Le mariage civil devra toujours précéder la bénédiction nuptiale.» An dat ass e Problem. Dat ass ageféiert ginn an et ass haut - dat ass och ganz wichteg - notamment eng Schutzdispositioun fir d'Fraen. Dat däreft een net vergiessen. Firwat hëlt een esou eppes eraus aus engem Text? Fir eis net nozevollzéien!

**Mme Simone Beissel (DP).**- Dat ass scho ganz laang eraus.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Wësst Der, ech hunn lech elo hei eng Rei vun Iwwerleeunge gesot. An ech wëll net ofstreiden, ech hunn dat am Ufank gesot: Et si vill Saachen dran, déi Verbesserung sinn. Awer an eisen Aen ass iwwerhaupt kee Grond do, fir d'Prerogative vum Grand-Duc ze schwächen - kee Grond. Mir wëllen dat net. Mir wëllen och zu eisem Eed stoen: «Je jure fidélité au Grand-Duc». Mir wëllen d'Souveränitéit vun eisem Land net schwächen a mir hätte gär, an dat ass eist elementaart Recht, ech kommen herno nach dorobber zrëck, datt d'Leit dat Recht hunn, dat hinne versprach gouf. Si sollen iwwer Referendum iwwert dësen Text decidieren an net heibannen an zweeter Liesung!

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Här President, haut diskutiere mer iwwert den zweeten Deel vun der Reform vun der Verfassung. A wann et beim éischten Deel, dee spezifesch iwwert d'Justiz gaangen ass, nach besser méiglech war, la part des choses ze maachen, gëtt et haut hei ganz offensichtlech, wéi hemmend fir d'demokratesch Debatt de Choix vun der Majoritéit an der CSV ass, fir d'Verfassung net als Ganzt ze behandelen, mee se a véier Deeler opzesplécken. Well mir schwätzen iwwert de Staatsbegrëff an d'Organisatioun vum Staat, mee iwwersprangen haut awer d'Staatsziler, déi an engem aneren Text behandelt ginn.

Mir diskutieren also iwwert d'Organisatioun vum Staat, ouni eis awer Gedanken ze maachen, wat de Staat soll. Mir schwätzen iwwert d'Regierung, mee loossen den éischte Pouvoir - d'Chamber - awer aus. D'Pouvoiren an d'Aufgabe vun der Regierung stinn awer an enger Verfassung am Verhältnis zu deene vum Parlament an, jee nodeem, zu den direktdemokratesche Matsproocherechter vun den Awunner an Awunnerinnen.

Mir diskutieren haut iwwert d'Gemengen als Basisechelone vun der Demokratie, mee schwätzen awer net iwwert d'Chamber, déi iwwert de gesetzgebende Prozess direkt op d'Gemengepolitik, déi do ze huelend Decisiounen a soumat op de Raum fir d'Entfale vun enger lokaler Demokratie awierkt.







D'Madamm Myriam Cecchetti (déi Lénk)

D'Grondrechter, déi an engem nächsten Deel diskutéiert wäerte ginn, sinn an engem Rechtsstaat Deel vum Schutz vu jiddwerengem virun der Willkür vum Staat a kënne vun de Bierger/innen viru Geriicht ageklot ginn. D'Diskussioun ëm dësse fundamentale Volet vun der Verfassung, also d'Reegelen, déi konstitutiv si fir d'Zesummeliere vun der Bevëlkerung an engem Staat, a wéi d'Anhale vun dëse Rechter soll garantéiert ginn, gëtt iwwer dräi verschidden Deeg, mat e puer Méint Paus dertëschent, diskutéiert.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - De Rechtsstaat haut, d'Verfassungsgesetzgeriicht virun zwee Méint an d'Grondrechter an e puer Wochen. Warscheinlech ass bei kengem vun deene véier Deeler vun dëser Verfassungsreform de Schued esou grouss, deen duerch d'Opspléckung fir d'Debatt entsteet, ewéi bei dësem.

Et ass e bëssen esou, wéi wann een, fir e Menü ze kachen, véiermol géif akafe goen. E Bléck an eng vun den Akafstute verréit engem net, wat dann elo op den Teller wäert kommen. Elo kéint ee soen: „Dat ass jo eng flott Iwwerraschung!“ Mee ech mengen, de Vergleich hält dann awer och schonn op. Well bei der Verfassung sollt ee sech net op Iwwerraschungen aloosen. Et sollt fir jiddereen zougänglech a verständlech sinn a kritesch kënnen diskutéiert ginn.

Ech probéieren, op verschidden Notioune anzegoen, déi eis besonnesch wichteg sinn an deenen Artikelen, déi elo virleien, respektiv déi aus eiser Siicht am proposéierten Text feelen. Ech maachen dat och ëmmer, andeem ech lech déi virleien Propositionen mat deem vergläichen, wat an der Revisiounspropos vun déi Lénk drasteet.

Här President, mäin éischte Punkt betrëfft de Staatsbegrëff. Am Text, deen d'Majoritéitspartei mat der CSV ausgeschafft hunn, ass dëse Begrëff éischter schlank gehalen. Lëtzebuerg ass als demokrateschen, fräien, onofhängegen an ondeelbare Staat definéiert, deen als Staatsform d'konstitutionell Monarchie an als politesche Regime d'parlamentaresch Demokratie huet.

De Rechtsstaat gëtt eng alleréischte Kéier an d'Verfassung ageschriwwen, wat mir natierlech begrëssen. Mee dës Neierung ass iwwerfällg, well de Rechtsstaatsprinzip jo och net eréischt rezent zur Norm ginn ass.

De Verweis op d'Mënscherechter gëtt dem Rechtsstaatsbegrëff eng Ausrichtung, wat mat deem „Recht“ gemengt ass. Mee wéi eng Mënscherechter hei gemengt sinn, gëtt net spezifizéiert.

An de Kapiteln iwwert d'Grondrechter an d'Fräiheete ginn der deelweis genannt, mee dës Choix ass awer

limitéiert. Mir kommen an enger komender Debatt méi genee dorobber ze schwätzen. Mee am Kontext vum Deel 2 vun der Propos ass ze soen, datt eis de Rechtsstaatsprinzip ze schwammeg an net staark genuch an engem räichen a fortschrëttleche Verständnis vu Mënscherechter verankert ass.

De Staatsbegrëff ass also schlank, op e Minimum reduzéiert an aus eiser Siicht net op der Héicht vun der Zäit. E passt bei e Gesellschaftsbild, dat vun der ekonomescher Sphär dominiéiert ass a wou dat Politescht reduzéiert ass op d'Setze vu Kadere fir déi fräi Entwécklung vun der Wirtschaft an engem sougenannte „fräie“ Marché.

An der Verfassungspropos vun déi Lénk vertriebe mir en anert Gesellschaftsbild, dat dat Politescht, also d'Spillreegele fir d'Zesummeliere an enger demokratescher Gesellschaft, méi staark ausbaut an dëst an der Verfassung wëllt verankeren. Ech maachen dat un e puer Punkte fest.

De Sozialstaat kënnt bei eis als konstitutiv Merkmal an d'Definitioun vum Lëtzebuergesche Staat mat eran. Wéi eng Rechter mam Sozialstaat verbonne sinn, hu mir an eiser Propos och entwéckelt. Ech nennen hei d'Recht op eng anstänneg Wunneng oder och de Schutz virun Aarmut a sozialer Ausgrenzung. Hei läit also en éischte groussen Ennerscheed zu der Propos vu Majoritéit an CSV.

De Sozialstaat ass iwwert d'Verfassung ofgeséichert a kann domadder net vu wiesselnde Majoritéiten a Fro gestallt ginn. Sozial Rechter si garantéiert a kënne vun de Bierger/innen ageklot ginn, bei engem Verfassungsgesetzgeriicht, dat de Bierger/innen och deen dofir néidegen Zougang bitt. Mir hunn dat am November beim éischten Deel schonn erkläert. De Sozialstaat ass fir eis déi néideg Grondlag fir de Bestand vu ville Grondrechter a Fräiheeten am Verfassungstext. De Schutz vun der mënschlecher Würd ass fir eis ouni de Schutz virun Aarmut net denkbar.

Dës Approche an eiser Propos berout och op der Ausernanersetzung mat der Fro: Wat soll de Staat? Eis geet et net duer, just ze beschreiwen, wat de Staat ass, mee och, firwat et e gëtt.

An der BBC-Serie aus den 80er-Joren „Yes Minister“ stellt de Minister, wéi esou oft e bëssen naiv, an engem berüümt Echange mam Chef vun der Administratioun a sengem Ministère d'Fro: „What is the ultimate purpose of government, if it isn't for doing good?“ D'Äntwert vum Fonctionnaire, dem Sir Humphrey Appleby, war et ze soen, datt d'Aufgab vum Regéiere just dora besteet, de Chaos ze verhënneren. Hie bezitt sech also op de schlanke Staat.

Eiser Meinung no ass de Staat, sinn d'Institutionen am Staat, duerch déi de politesche Pouvoir ausgeübt gëtt, net just dofir do, d'Uerdnung ze halen,

woubäi ee sech jo déi berechtigt Fro stelle muss, wéi eng Uerdnung dat dann ass a wéi engen Interessien dës Uerdnung an d'Kaarte spillt.

Nee, de Staat a seng Institutionen sinn och dem Gudde verpflichtet. Dofir hu mir net just de Sozialstaat, mee och déi demokratesch Matbestimmung, nohalteng Entwécklung an den Ëmweltschutz an eng méi inhaltsräich Definitioun vum Staat am éischte Kapitel mat aflësse gelooss.

Och den Asaz fir Friden an Ofreschtung, fir Vëlkeverständigung a Kooperatioun iwwert d'Grenzen eraus gesi mir als konstitutiv fir dëse Staatsbegrëff an als zentral Ziler, déi de Lëtzebuergesche Staat auszeeche sollen.

Dorunner uknäppend wéilt ech als zweete Punkt op d'Fro agoen, wien d'Muecht am Staat Lëtzebuerg ausübt. An der Propos vun der Majoritéit an der CSV läit d'Souveränitéit an der Natioun. De Begrëff vun der „Natioun“ gëtt et a ville Verfassungstexten, oft gëtt och de Begrëff vum „Vollek“, „le peuple“, benotzt. Während eng Souveränitéit an der Natioun bedeit, datt d'Souveränitéit ausgeet vun den Awunner, déi déi lëtzebuergesch Nationalitéit hunn, kann de Begrëff vum „Vollek“ och méi breet ausgeluecht ginn an all déi Leit ëmfaassen, déi sech als Bierger/innen um politesche Prozess an un der Ausübung vun der Souveränitéit bedeelegen. Dëse Begrëff ass also méi korrekt, well e sech direkt op d'Rechter bezieht.

De Grondproblem zu Lëtzebuerg ass awer, datt d'Zuel vun de Leit, déi déi politesche Rechter a vollem Ëmfang hunn, immens beschränkt ass. Hei vum „peuple“ ze schwätzen, wien net opschlossräich. Et si knapp 50 % vun den Awunner/innen vum Land, déi dat vollt aktivt a passivt Walrecht hunn. Mat der Demokratie ass awer eng Gesellschaftsform gemengt, an där d'Gesetzter vun deenejéinege gemaach ginn, op déi dës Gesetzter ugewannt ginn. D'Gesetzter betreffen 100 % vun de Leit, minus Mannerjäreger an Prinzip, esou steet et och an der Verfassung, a sinn awer vun engem Parlament gestëmmt, dat sech zesummesetzt opgrond vun enger Wal, un där d'Hallschent vun den Awunner/innen net deelhuefen däreft.

Trotz dem Ausgang vum Referendum am Joer 2015, wou d'Wieler an d'Wielerinne gefrot goufen, fir dëst Walrecht fir d'Chamber op all d'Awunner/innen ab 16 Joer no enger Residenzdauer vu fënnf Joer auszeweiten, bleiwen déi Lénk awer weiderhi bei der Positioun, déi mir och schonn an der Campagne fir dëse Referendum verdeedegt hunn: All Lëtzebuergesche a Lëtzebuergesche ab 16 Joer huet dat vollëmfänglecht Walrecht an all Resident, deen d'Lëtzebuergesch Nationalitéit net huet, soll sech no engem Delai vu fënnf Joer op d'Wielerlëscht kënnen androen. Ab deem Moment, wou sech

e Resident andréit, gëllt dann och fir hien oder fir si d'Walflucht.

D'Bierger/innen sollen an der Propos vun déi Lénk also onofhängeg vun der Nationalitéit déi vollstänneg politesch Rechter kënne kréien. Domadder kéint d'Wieterschaft vergréissert an d'Chamber méi representativ fir d'Villfalt vun der Bevëlkerung am Land ginn. D'Legitimitéit vun der Chamber als representativ Institution gëif doerjer och massiv gestärkt ginn.

Eng lieweg Demokratie realiséiert sech fir eis awer net nëmmen iwwert d'Walrecht, dat d'Awunner an d'Awunnerinnen all fënnf Joer bei der Wal fir d'Chamber oder de Gemengerot decidéiere léisst.

De franséische Philosoph Jean-Jacques Rousseau huet am 18. Joerhonnert geschriwwen, datt de Bierger mam Vott bei enger Wal seng Souveränitéit gëif opginn, woumat gemengt ass, datt e se dann un e Representant delegéiert. Domadder ass d'Fro gestallt, ob d'Bierger/innen och ausserhalb vun enger Wal reell Matbestimmungsméiglechkeeten hunn an op de gesetzgeberesche Prozess awierke kënnen. Mir mengen, datt dës Méiglechkeeten net gi sinn, an hunn dowéinst an eiser Propos der representativer parlamentarescher Demokratie eng direkt demokratesch Matbestimmung un d'Säit gestallt. Ech ginn elo net am Detail dorobber an, wat den nationalen Niveau ugeet, well mir dat an engem aneren Deel iwwert d'Chamber méi am Detail wäerten erklären.

Här President, wéi schonn ugeschwat, hu mir op Gemengenniveau schonn d'Awunnerwalrecht ab 18 fir all Resident (veuillez lire: fir all Resident mat net Lëtzebuergesch Nationalitéit, dee säit fënnf Joer am Land leeft) an ab den nächste Gemengewalen dann hoffentlech, wann iwwert de Projet de loi 7877 ofgestëmmt gëtt, fir jiddereen, dee sechs Méint an der Gemeng wunnt a sech op d'Wielerlëscht aschreift. D'demokratesch Institutionen um lokalen Niveau sinn also op enger méi breeder Basis wéi déi um nationalen Niveau.

D'Wichtigkeet vun de Gemengen an der lokaler Demokratie gëtt an der Propos vun déi Lénk duerch de Positionnement vum Kapitel iwwert d'Gemengen ënnerstrach. Dëst kënnt direkt am Ufank no deem vun der Chamber.

Mir hunn eis och mat der Fro beschäftegt, wéi d'demokratesch Matbestimmung um lokale Plang kann ausgebaut ginn iwwert de representative Charakter vum Gemengerot eraus. Zwee wichteg Punkte wéilt ech dozou kuerz uschwätzen. Éischstens wéilt mir d'Gemengekommissionen an d'Verfassung ophuelen an zugläch virschloen, datt dës Kommissionen net just aus Parteivertrieder/innen bestinn, mee och aus Leit aus der Zivilgesellschaft. Zweetens gesäit eis Textpropos dann och e verpflichtend Referendum vir op Gemengenniveau, wann 20 % vun de Bierger/innen dëst fuerderen.

Mir hunn an eise Text och eng Nuance bei de Finanzen an der Autonomie communale dran. Hei beschränke mir eis net op d'Aufgaben, déi d'Gemenge per Gesetz hunn. Mir soen och, datt se fir d'Liewensqualitéit an d'Beretstellung vum öffentleche Service zoustänneg sinn.

Här President, zum Ofschloss vu menger Ried kommen ech nach op e villdiskutéierte Punkt aus eiser Verfassungspropos ze schwätzen, nämlech d'Staatsform.

All meng Erklärungen iwwert d'Verbreederung an d'Verdeiwung vun der Demokratie op nationalem wéi op lokalem Plang, vun der Stärkung

vun de Rechter vun de Leit an dem rechtsstaatleche Prinzip, deen derfir suerge soll, datt dës Rechter vun de Leit och tatsächlech garantéiert sinn, all dës Propose stinn am Géigesaz zu der Monarchie als Staatsform.

Natierlech befanne mir eis mat der Verfassung vun haut an dem Text vun der Majoritéit an der CSV net méi am Kader vun enger Monarchie, an där en allmächtigen Herrscher willkürlech regéiere kann. D'Roll vum Grand-Duc ass an der Praxis eng éischter representativ. Mee d'Verfassungspropos, déi haut hei um Dësch läit, gesäit Prerogative fir de Staatschef vir, déi an eisen Aen net konform si mat engem demokratesche Rechtsstaat, well en übt zesumme mat der Regierung d'Exekutiv aus. E kann den Ausnahmezustand fir zéng Deeg ausrufen, wa bestëmmte Bedingungen erfüllt sinn, a soumadder d'Legislativ, also d'Chamber, ganz einfach fir dës Zäit ausser Kraaft setzen. E ka Peinë vu Geriichter reduzéieren oder noloossen an ënnersteet dem Gesetz selwer awer prinzipiell net. En huet also eng ausseruerdentlech Stellung am an ausserhalb vum Rechtsstaat.

Mir sinn eis selbstverständlech bewosst, datt d'Ofschaf vum der konstitutioneller Monarchie net bedeit, datt d'Demokratie automatesch e grouse qualitative Sprong géif maachen. Dofir ginn et vill an aner Hiewelen an ech hunn der jo och schonn eng Rei genannt wéi d'Ausweitung vum Walrecht an d'direkt demokratesch Matbestimmung.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Anerer hunn ech nach net genannt wéi d'Demokratie op a ronderëm d'Aarbecht, déi an enger kapitalistescher Wirtschaft, déi op de Profit getrimmt ass, och wuel héchstens an de Kannerschong ka bleiwen.

Mee d'Monarchie als Iwwerbleibsel vum Ancien Régime gehéiert an eisen Aen net an eng modern Demokratie vum 21. Joerhonnert. Och net a Fro kënnt fir déi Lénk e staarke President oder eng staark Presidentin, déi, wéi a Frankräich, eng Schwächung vum Parlament an eng Stärkung vun der Exekutiv bedeite géif. An eiser Konzeptioun soll Lëtzebuerg e President respektiv eng Presidentin hunn, an dat à tour de rôle. Vun dësem Amt soll awer keng reell Muecht ausgoen, mee et soll eng representativ a formal Aufgab beinhalten.

An hei schléisst sech de Krees an ech kommen zrëck op den Ausgang vu menger Ried an d'Fro, wat de Lëtzebuergesche Staat ass oder kéint sinn. Ech zitieren elo ganz einfach deen éischten Artikel aus der Verfassungspropos vun déi Lénk: «Le Luxembourg est un État de droit démocratique, social, laïque, indépendant, indivisible, fondé sur le pouvoir des citoyens et des citoyens, la séparation des pouvoirs législatif, exécutif et judiciaire, la protection des droits et libertés fondamentaux, l'égalité. Il porte la dénomination: «République du Luxembourg».»

Ech hoffen, datt ech elo kloer genuch fir d'CSV gemaach hunn, fir wat déi Lénk steet. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Cecchetti.

(Interruption par M. Léon Gloden)

An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a



Kolleegen, als basisdemokratesch Partei hu mer an de vergaangene Méint eise Memberen eng ganz Rei Dossieren zum Vott virgeluecht, net nëmmen iwwert d’Fro vun der Impfflicht, iwwert déi mer d’lescht Woch hu missen diskutéieren, mee och iwwer all Kapitel, an zwar all eenzelt Kapitel, vun der Verfassungsreform hu mer ofstëmme gelooss.

Eigentlech hätte mer eis jo gewënscht, datt d’Regierung an d’CSV hiert Wuert géifen halen an e Referendum géifen organiséieren. Mee bref, dat ass jo leider net geschitt. An esou hu mer decidéiert, dann zumindest eise Memberen awer eng Stëmm ze ginn.

A jo, just well kee Referendum ass, heescht et net, wéi d’Kolleeginne vun déi Lénk haut bei der Gëlle Fra demonstréiert hunn, datt eis Demokratie begruewe gi wär. An ech muss ganz éierlech soen, och hei op der Tribün, datt ech et de très mauvais goût fannen, fir op deem Monument fir Krichsdoudeger mussen d’Demokratie wellen ze begruewen, virun allem, well ee sech domat e Langage zu eege mécht, deen an deene leschte Wochen definitiv ausserparlamentaresch wéi innerparlamentaresch fir méi wéi nëmmen e bëssen Opreegung gesuergt huet. Wie mengt, datt mam Vott, mam demokratesche Vott vun enger Verfassung, d’Demokratie géif begruewe ginn, ma deen huet net

wéi d’Majoritéit hei an der Chamber dat och gemaach huet - mee och dat: eng verpasste Chance!

Ech hu virdru vum Referendum geschwat. Do kéint ee ganz vill driwwer schwätzen. An an deem heiten Text, do geet et jo och ëm d’Verfassungsännerungen, wou u sech déi nämmlech Dispositiounen iwwerholl gi wéi virdrun. De grouse Problem ass awer net d’Verfassung. A wann iergendeen elo seet: „Majo, mir wëlle gären e Referendum iwwert d’Verfassung“ - an nach eng Kéier, ech sinn absolutt op där Säit -, dann ass et net d’Verfassung, déi et schwéier mécht, fir esou e Referendum erbäizeféieren, dann ass et d’Gesetz, nämlech d’Walgesetz, wat dee Referendum encadréiere soll, wat et schwéier mécht, well et absolutt aus dem leschte Joerdausend ass, wou mer nach vun analogen Ennerschrëften op de Gemenge schwätzen, op nominative Lëschten.

Also, éischstens emol, dateschutztechnesch war et absolutt e Skandal, wéi déi Lëschten deelweis do auslouchen. Zweetens, vun de Leit ze erwaarden, op eng Gemeng ze pilgeren, fir do eng Ennerschrëft ze ginn, an Zäiten, wou mer vun Digital Lëtzebuerg schwätzen - bon, bref, et kann een net ëmmer béides hunn! Wann ee wëllt modern sinn, da soll een dat duerchdenken an et soll een et konsequent maachen. An da muss een och eng digital

**Une voix.** - Très bien!

**M. Sven Clement (Piraten).** - Firwat soll politesch Participatioun beschwéierlech sinn? Misst se net au contraire esou einfach wéi méiglech sinn a vläicht souguer Spaass maachen? D’Politik bedauert jo gären, datt d’Leit sech net méi a Parteien engagéiere wellen an och soss ëmmer méi politik- - oder soll ee soe „parteilpolitikverdrossen“? - ginn. Ma ech mengen, doriwwer muss ee sech dann awer och net wonnere, wann een et de Leit bewosst net wëllt méi einfach maachen ze participéieren.

Mir gesinn hei also definitiv eng verpasste Chance fir d’Moderniséierung an ech ginn d’Hoffnung net op, datt mer dee Gesetzestext awer nach eng Kéier kënnen upassen, datt d’Verfassung och géif eng digital Ennerschrëftesammlung erméiglechen; et muss ee just d’Gesetz upassen.

Mee ech hunn elo mat vill Kritik ugefaangen. Dat soll awer net heeschen, datt mer dem Text näischt Guddes ofgewanne kënnen, ganz au contraire. Maaecht lech keng Suergen, Här Cruchten, ech hunn nach genuch Zäit, fir och déi gutt Punkten ze belichten.

**M. Yves Cruchten (LSAP).** - Dir hutt nach net iwwert den Text geschwat.

alljoers hei op Lëtzebuerg wunne kommen. A vill vun hinne schwätze keng vun eisen Amtssproochen a kommen awer ganz gutt mam Engleschen hei am Land zurecht.

Mir fannen et ganz gutt, datt Lëtzebuergesch als Landessprooch an der Verfassung festgehal gëtt, als Primus inter pares. Mee doriwwer eraus hätt ee sech awer missen iwwerleeën, ob d’Englescht net an der Lëscht vun den administrative Sproochen hätt sollen, hätt kënnen derbäigesat ginn, fir déi Leit, déi eeben net Däitsch, Lëtzebuergesch oder Franséisch schwätzen an déi awer vläicht ganz motivéiert sinn, Lëtzebuergesch ze léieren - mee dat geet awer net vun haut op muer -, och mat u Bord ze huelen.

An doriwwer, Lëtzebuergesch léieren ze wellen: Mir verankeren elo Lëtzebuergesch an der Verfassung, mir stäerken et an der Verfassung; eppes, wat eis absolutt Ennerstëtzung fënnt, mee da muss mer awer och eppes derfir maachen, datt um Terrain déi Verankerung och mat Liewe gefëllt gëtt. Da muss mer d’Offer un zertiféierte Sproochecoursen, u qualitativ héichwäertge Sproochecours stäerken, ausbauen a virun allem bei deene Coursen, déi et scho gëtt, och eng Qualitätskontroll maachen, well och dat ass net iwwerall ginn. Hei mussen also och nach Progrès gemaach ginn a Sonndesriede respektiv eppes an der Verfassung ze verankeren, geet net duer.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng weider wichteg Ännerung, déi dësen Text proposéiert, ass d’Aféierung vun der Vertrauensfro - oder de „Mësstrauensvott“, wéi en ëmgangssproochlech éischter genannt gëtt. D’Méiglechkeet vum Parlament, e Mësstrauensvott ze maachen, an déi entsprechend Méiglechkeet vun der Regierung, fir dann och ëmgekéiert eng Vertrauensfro ze stellen, si wichteg demokratesch Outilen, déi mer jo och schonn aus dem Ausland kennen. Et ass wichteg, datt een an enger Verfassung kloer virgesäit, wat geschitt, wa sech Majoritéite während enger Legislatur verschiben. An duerfir begrëisse mer dës Adaptatioun.

Mir hätten eis hei allerdéngs gewënscht, datt och méi genee gekläert gi wär, wéi d’Regierungsbildung ofleeft. Well wat geschitt dann zum Beispill, wann d’Vertrauensfro gestallt gëtt an d’Chamber d’Vertrauen entzitt? Da kann et entweder Neiwele ginn oder et bilt sech eng nei Majoritéit. Falls sech eng nei Majoritéit fënnt, kéint ouni Neiwele vum Grand-Duc eng nei Regierung agesat ginn - kéint! Mir kéinten awer och erëm an eng Situatioun komme vun engem gewëssene Vide oder vun enger institutioneller Kris. Hoffe mer, datt mer ni esou wäit kommen. Mee wéi dat genee soll goen, ass net gereegelt, geneesou wéineg iwwregens wéi d’Regierungsbildung no enger Wal.

Dës onnéideg Lück hätt een an eisen Ae kënnen zoumaachen. Wa mer schonn esou ëmfaassend Verfassungsrevisiounen maache wéi déi hei virleend, dann hätt ee sech och esou Onsécherheete vu virer kënnen aus dem Wee schafen. Mee eis hënnert jo wierklech keen drun, dat nach an Zukunft ze maachen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng lescht grouss Serie vun Ännerungen betrëfft dann de Grand-Duc. Lëtzebuerg bleift eng constitutionnel Monarchie an de Grand-Duc behält och eng ganz Rei Pouvoiren. Warscheinlech behält de Grand-Duc och weiderhi säi Panneau, deen ëmmer op eis kuckt, wa mer hei Rieden halen - respektiv mir op hien. Iwwregens - fir déi Leit, déi net de Pleséier hunn, hei an der Chamber ze sëtzen, mee dat vun dobaussen éischter suivéieren -: Et huet een heiansdo d’Gefill, datt de Grand-Duc e gutt Stéck méi grouss op deem

Bild ass wéi eis Regierungsmemberen am Liewen, esoudatt een u sech de Grand-Duc awer nach ëmmer grouss gesäit. Ech hunn also keng ...

**Une voix.** - Et ass jo e „grand Duc“.

**M. Sven Clement (Piraten).** - Et ass e „grand Duc“, et ass ...

*(Interruption et hilarité)*

Mir kéinten elo natierlech kucken, wéi e bekannte Comic hei zu Lëtzebuerg mat Monarchen ëmgeet. Mee ech loossen dat elo mol op der Säit.

Et ass nämlech och wichteg fir eis, an ech mengen, dat ass kloer: Mir bleiwen e Grand-Duché. Mir bleiwen e Grand-Duché, awer mat deenen néidegen Aschränkungen, déi fir eng staark Demokratie néideg sinn.

Esou gëtt zum Beispill eng Ofsetzungsprozedur an d’Verfassung geschriwwen, déi verhënnere kann, datt e Grand-Duc, dee seng Muecht géif mëssbrauchen, onkontrolléiert am Amt kéint bleiwen. Mir schreiwen déi Verfassung jo net fir haut, mir schreiwen déi net onbedéngt fir muer, mir schreiwen déi fir déi nächst 100, 200, 300 Joer. An, ...

*(Interruption)*

... jo, do muss een ...

*(Brouhaha)*

... all Méiglechkeete virgesinn.

**Une voix.** - 300 ass e bësse vill.

**M. Sven Clement (Piraten).** - O, Här Di Bartolomeo, mir allen zwee wäerten 300 Joer, mengen ech, net packen. Dofir ...

*(Interruption)*

Wie weess! Wann Der e Geheimrezept hutt, sot mer et.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Ech probéieren et fir d’éischt bei lech aus!

*(Hilarité)*

**M. Sven Clement (Piraten).** - Eng Prozedur, fir de Grand-Duc ofzesetzen, gouf et schonn. Si war just an engem Familljepakt festgeschriwwen, e Familljepakt, deen a mengen Aen net soll Verfassungsrang hunn. An dofir ass et wichteg, datt mer dat elo kloer demokratesch reegelen. Dës Verfassung gëtt méi transparent doduerjer, datt mer net méi op e Familljepakt verweisen, mee et selwer an der Verfassung reegelen.

An, jo, och d’Ofännerung vum klaseschen Eed «Je jure fidélité au Grand-Duc» ass eppes, wat mir, anescht wéi e puer anerer heibannen, net bedauern. Well wa mer ganz éierlech sinn, dann ass dat dach en Eed, deen zum Beispill eng wierklech onofhängeg Chamber eigentlech onméiglech géif maachen. E Beispill dofir hu mer elo grad gesinn: Meng Virriednerin huet gesot, datt se u sech am léifsten eng Republik hätt. Dat ass jo u sech schonn un der Ofsetzung vum Grand-Duc geschafft.

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

Ass dat nach „fidélité au Grand-Duc“? Dofir soen ech, nee, ech mengen ...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Net dru geschafft, dat ass eng Ofsetzung!

**M. Sven Clement (Piraten).** - Dat wär ..., eng Republik wär de facto d’Ofsetzung vum Grand-Duc.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - D’Ofschafung vum Grand-Duc.



Den Här Sven Clement (Piraten)

verstane, wat Demokratie ass, léif Kolleeginnen a Kolleegen!

**Une voix.** - Très bien!

**M. Sven Clement (Piraten).** - Mir kënnen villen kritiséieren. Mir kënnen kritiséieren, datt d’Leit net gutt genuch informéiert gi sinn. Mir kënnen kritiséieren, datt déi Broschür, déi d’Chamber herausginn huet, net wierklech den Text vun der Verfassung ermëginn huet. Also, ganz éierlech, hätt ee mech gefrot, ech hätt lech gesot: „Ma da schreift wéinstens den Text vun der Verfassung dran!“ Mir maachen eng schéi Broschür, déi mer jiddwerengem an d’Haus schécken, wou mer op Froen äntweren, déi keen opgeworf huet, mee mir liwweren den Text net mat.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mee et ass definitiv sou, datt mer hei schlecht informéiert hunn! Et soll kee mer soen, datt déi Broschür eng gutt Informatioun fir d’Leit dobausse gewiescht wär iwwert dat, wat am Text steet. Deelweis stinn Encadréen do, wou nëmmen driwwer geschwat gëtt, wat net am Text steet.

Mee wa mer wellen de Leit dobausse vertrauen, da schécke mer hinnen den Text, dee se iwwregens och op chamber.lu kënnen kucken, an dann hu mer vollstent Vertrauen dran, datt d’Wielerinnen an d’Wieler deen Text och richteg verstinn. An ech sinn der fester Iwwerzeugung, datt d’Leit, wa se sech mat engem Text befaassen, deen och majoritär esou wäerte verstoen,

Ennerschrëft kënnen maachen, fir e Referendum ze fuerderen. Well domadder hu mer och explizitt jiddwereen ausgeschloss, deen net zu Lëtzebuerg leeft, obwuel en déi lëtzebuergesch Nationalitéit huet. Si si wuel schéin a gutt fir eis Zuelen, eis Statistiken ze boosteren, mee wann et drëm geet, matzebestëmmen, da muss se sech op Lëtzebuerg deplacéieren. Alles verpasste Chancen!

**Une voix.** - Très bien!

**M. Sven Clement (Piraten).** - An dat Argument, datt ee vun de Leit jo awer e gewëssent Engagement - Zitat Mars Di Bartolomeo - kéint verlaangen, iwwerzeegt mech do net. A mengen Ae muss d’Politik an enger Demokratie no un de Biergerinnen a Bierger sinn, soudatt se jiddwereen, dee gäre matmaache wëllt, op einfachen a kuerze Weeër matabezitt.

Wat geschitt, wann een d’Prozeduren esou komplizéiert mécht, datt just déi, déi wierklech radikal géint eppes sinn, sech nach investéieren, gesi mer jo aktuell. Dann héiert ee virun allem just nach déi mat de méi haarde Stëmmen. Da verléiert een d’Participatioun vun all de gemässegte Biergerinnen a Bierger, déi sech vläicht gäre géifen abréngen, mee nieft Aarbecht a Famill net méi d’Zäit hunn a sech eigentlech och net esou richteg trauen, op eng Gemeng ze goen an do no engem Ennerschrëftgebou ze froen, well et soll jo kee mengen, si géifen och zu „deenen do“ gehéieren, déi just jäizen.

**M. Sven Clement (Piraten).** - Ben, ech hunn iwwert d’Form geschwat, wéi den Text verabschit gëtt. Ech mengen, datt dat och an deem heiten Debat immens wichteg ass.

Et gi ganz vill wichteg Saachen ugepasst an ausformuléiert, déi fir eng modern Verfassung zentral sinn an eis och ganz wichteg sinn. Ganz positiv zum Beispill ass, datt d’Berufskummeren an domat de Sozialdialog hir Plaz an dëser Verfassung kréien. Och wann den Dialog an der Realitéit heiansdo bei gewëssen Theemen ze wënschen iwwreg léisst, esou ass et dach awer en éischten a ganz wichtege Schrëtt, de Kummeren hir Existenzberechtigung direkt an eise Contract sociétal, deen eis Verfassung ass, ze verankeren.

Ganz positiv ass och, datt d’Verhältnis tëscht dem Staat an de Reliounsgemeinschaften gekläert a keng Relioun méi favoriséiert gëtt. Mir liewen an engem pluralistesche Land an duerfir ass et wichteg, datt och eis Verfassung festhält, datt méi Reliounen hei am Land eng Plaz kënnen hu wéi nëmmen eng, geneesou wéi och vill Sproochen an eise Land zum éffentlechen Debat derzougehéieren.

Grad wat d’Sprooch betrëfft, hätt mer eis duerfir och gewënscht, datt hei scho méi eng Ouverture gemaach gi wär, fir d’Sprooch vu Lëtzebuerg iwwert dat Lëtzebuergesch, Däitsch an d’Franséisch eraus och nach duerch, firwat net, Englesch ze ergänzen. Mir wëssen, wéi vill Leit aus anere Länner



**M. Sven Clement (Piraten).** – An dat ass hiert gutt Recht als Deputéiert, genau dat ze fuerderen.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** – Jo.

**M. Sven Clement (Piraten).** – Et muss een net mat hir averstane sinn, mee et ass hiert gutt Recht. Mee op där anerer Säit huet se missen, fir iwwerhaapt Deputéiert kënnen ze ginn, soen: «Je jure fidélité au Grand-Duc.»

Wa mer e wierklech eegestännegt Parlament wëllen hunn an enger richteger Demokratie, da kënnen mer esou eng Eedesformel net weider mat eis erëmdroen. Dat heescht, et gesäit een: Dësen Eed ass net méi zäitgeméiss. An och wann en eng laang Geschicht huet, an engem demokratesche Staat mussen esou Ännerunge gemaach ginn, fir datt se der Realitéit um Terrain ugepasst ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de virleienenden Text enthält also eng ganz Rei vu wichtige Verbesserungen, obwuel een op gewëssene Plazen, wéi ëmmer, nach eppes hätt kënnen dréien, besser maachen, méi wäit kënnen goen. Mee mir wëssen: Dësen Text ass d'Resultat vu laangen Diskussiounen an nach vill, vill, vill, vill méi Kompromësser. An dofir kënnen mer eis awer duerchaus zefridde weise mam Resultat.

Wéi scho gesot, hu mir Piraten eis Membere mat entscheede gelooss, ob si dës Verfassungsännerungen unhuele wëllen. A si sinn zur nämlecher Konklusioun komm wéi de Marc Goergen an ech, nämlech kloer véiermol Jo ze soen. Dofir wäerte mer dann och dës Block mat Jo stëmmen.

Ech soen lech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président.** – Merci villmools, Här Clement. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten (LSAP).** – Merci, Här President. An ech entschëllege mech bei de Kolleegen, dass ech mech elo eréischt am Laf vun der Debatt ageschriwwen hunn. Ech hat net wëlles gehat, grouss ze intervenéieren, well ech wousst, dass de Rapporteur en exzellente Rapport géif presentéieren, wou alleguerten d'Fakte kloer sinn. Ech wëll och dofir net op de Contenu vun dësem Deel vun der Verfassungsreform agoen, mee e puer méi generell Saache lassginn, déi ech awer gäre gehat hätt, dass se haut an der Debatt gesot ginn.

Ech wëll fir d'alleréischt emol soen, dass mer déi Verfassung hei net mat enger ziddreger Hand upaken, mee mat enger ganz roueger Hand, well mer och e rouegt Gewëssen hunn, e gutt Gewëssen, dass dat, wat mer hei maachen, richtig ass an dass dat gutt ass fir eist Lëtzebuurger Land.

D'Verfassung kënnt, an dat hunn der ganz vill scho gesot, mat dëser Reform am 21. Joerhonnert un. An ech wëll och gären all de Riedner, déi haut d'Wuert ergraff hunn, Merci soe fir eng gutt Diskussioun, déi mer hei geféiert hunn.

An et ass och gutt, dass all déi Leit, déi haut dem Mars Di Bartolomeo an dem Simone Beissel nogelasscht hunn, awer och dem Charles Margue, der Madamm Cecchetti, dem Här Clement, ...

**Une voix.** – Dem Här Léon Gloden,

**M. Yves Cruchten (LSAP).** – ... dass ...

(Brouhaha)

... - an dem Här Gloden, entschëllegt, ech hat dee souguer als Éischten hei

stoen -, spéitstens elo hunn all déi Leit matkritt, dass an dëser Reform keng Grujelegkeeten drastinn, mee lauter Dispositiounen, déi Sënn maachen.

Et ass gutt, dass mer bei dëser Verfassung, an deem ganze Prozess eng Lëtzebuurger Stärkt, eng Lëtzebuurger Qualitéit gewisen hunn, nämlech déi, fir Kompromësser ze fannen, fir Konsens ze sichen ënnereneen, och wann eis heiansdo politesch Grief trennen. Mee wann et ëm d'Lëtzebuurger Land geet, da fanne mer ëmmer dee Konsens, deen néideg ass.

Et dierf een elo awer mat där enger oder anerer Dispositioun net averstane sinn, net d'accord sinn, et dierf ee vläicht bei engem Punkt eng aner Propositioun maachen, ma selbstverständlech. An dofir ass et och ze respektéieren, dass d'Kolleegeinnen vun déi Lénk eng eegen Textpropos gemaach hunn.

Net ze respektéieren awer ass, wa Schauermercher, falsch Norichten, verdreite Wourechte verzaapt gi mat engem eenzegen Zweck: Stëmmung ze maache géint jiddwereen, am Fong géint alles, an dat mat där eenzeger Hoffnung, politesch Kapital draus ze schloen.

Mir schwächen net de Grand-Duc oder d'Monarchie. Mir féieren och net iwwer eng Hannerdier d'Awunnerwalrecht an. Mir huele kengem seng Kaz an och kengem säi Goldfësch ewech. Mir féiere keng Zwangsimpfung fir d'Kanner an a mir schwächen och net eis Familljen. Mee mir passen eis Verfassung un d'Realiteit vum Lëtzebuurgerinnen a Lëtzebuurgeren un a vun all deenen, déi hei mat eis wunnen, liewen a schaffen an déi all en Deel vun deem Land hei sinn.

**Plusieurs voix.** – Très bien!

**M. Yves Cruchten (LSAP).** – An dofir ass et gutt, dass all d'Tentativen, fir déi Reform hei ze sabotéieren, e Fiasko waren. Et ass gutt, dass déi allermeeschte Leit hei am Land den Agitateuren net op de Lärm gaange sinn, mee erkannt hunn, dass hei lauter Ännerunge kommen, deenen de Bonsens zugronn läit.

Schwaarz op wäiss ka jiddweree sech dervunner iwwerzeege mat där Broschür, déi dëser Deeg vun der Chamber verdeelt gëtt an déi a méi Sproochen einfach a kloer erkläert, wat mer hei maachen. A wa mer just den Text verdeelt hätt vum der Reform, dann hätt mer haut de Reproche gemaach kritt, dat géif jo souwisou just e Spezialist verstoen.

D'LSAP steet zu där exzellenter Aarbecht, déi hei an deene leschte 15 Joer zesumme gemaach gouf. Dat Resultat, wat mer elo kennen, d'Kapitel Justiz an och d'Kapitel vun haut, ass net an der Hexekichen oder „im stillen Kämmerlein“ entstanden, mee an engem transparenten a participative Prozess, an dat iwwer Joren.

D'LSAP steet zu där Verfassung hei an zu engem Lëtzebuerg, dat prett ass fir d'21. Joerhonnert an doriwwer eraus. A wéi ëmmer wëllt d'LSAP d'Leit zesummebréngen, och an dëser Fro vun der Lëtzebuurger Verfassung. A mir wieren eis iwwerall an ëmmer erëm géint all déi, déi d'Gesellschaft wëlle splécken an d'Leit ausenanerdreiwelen.

Merci.

**Plusieurs voix.** – Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.** – Merci villmools, Här Cruchten. Ageschriwwen huet sech dann den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** – Merci, Här President. Ech wäert och, une fois n'est pas coutume, ganz kuerz kënnen sinn.

**Une voix.** – O! O! O! O! O!

**Une autre voix.** – Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** – Ech wollt just insistéieren, dass, genee wéi beim viregte Kapitel, mer et bei dësem Kapitel mat enger kollektiver Aarbecht ze dinn hunn, mat enger ganz gudder kollektiver Aarbecht an der Kommissioun, an Zesummenaarbecht mat de Forceviven dobassen. Ech wiere mech also dergéint, dass een hei elo seet: „Deen een, deen ass ënnert de Rouleau compresseur komm, an deen aneren, dee ka jubelen.“ Hei sollt jiddweree sech dran erëmfannen! A virun allem sollen d'Leit dobasse sech dran erëmfannen, well et dat Gesellschaftsbild vun haut a muer soll erëmispigelen.

Also merci fir déi kollektiv Aarbecht. Ech soen och jiddweregem Merci, dass e sech net ausenanerdividiere gelooss huet. Dat wär méi einfach gewiescht. Mee eng Verfassungsdiskussioun mécht een zesummen oder et mécht ee se guer net!

**Une voix.** – Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** – Ech wëll da just preziséieren, dass den Eed, deen an Zukunft op d'Verfassung geleescht gëtt, net onschëlleg ass. Mir hu bewosst den Eed op d'Verfassung gewielt, well mer verfassungstrei wëlle sinn op d'Grundgesetz, dat mer eis alleguer zesumme ginn hunn. Dat ass keng Schwächung vun engem Staatschef, mee dat ass eng Stärkung vun eisem Grundgesetz!

**Une voix.** – Dofir si mer jo haut och hei.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** – Da wëll ech mech och nach dergéint wieren ... Ech schwätzen hei als Rapporteur an de Rapporteur därer zweemol erausgoen.

Hei ass et net esou, dass d'Regierung de Gewënner ass. Ech mengen, dass mat deene verschiddene Verfassungstexten eis Institutiounen insgesamt ge-

wannen - alleguer an un alleréischter Plaz d'Chamber!

**Une voix.** – Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** – An do wäerte mer nach drop zrëckkommen. Mir hunn eis hei staarkgemaach, fir dass d'Chamber an alle Phasen - och vis-à-vis vum Staatschef! - u Poids gewënnt.

Schwächung vun der nationaler Souveränitéit? Wat wär dat klengt Lëtzebuerg aleng? An deem staarke Bündnis, dat d'EU an deene meeschte Beräicher ass, ass Lëtzebuerg weesentlech méi staark, wéi wann et aleng do géif stoen. Also: net eng Schwächung doduerch, dass mer an enger Communautéit sinn, mee eng Stärkt, déi weesentlech méi grouss ass wéi eis Taille a wéi d'Zuel vun eiser Populatioun.

Dann, ganz kloer: Wa mer fäerdeg si mat eisen Aarbechten un der Verfassung, wäerte mer selbstverständlech déi nei Verfassung, déi dann aus deene verschiddene Kapitele besteet, an déi Sproochen iwwersetzen a se jiddweregem zoukomme loossen, deen hei zu Lëtzebuerg wunnt: Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch. A wann eng zousätzlech Sprooch gebraucht gëtt, da si mer och flexibel genuch, fir dat ze maachen.

An e lescht Wuert iwwert d'Wärungs-onofhängegkeet: Et mécht eigentlech keen Ënnerschied, ob an der Verfassung elo steet, dass de Grand-Duc „battre de la monnaie“ därer, oder ob dat net drasteet. Fakt ass, dass mer an enger Währungsunioun sinn! Fakt ass, dass de Staat ka Mënz engerausginn, och mam Kapp vum Grand-Duc, an dass en déi Kompetenz kann delegéieren un d'Zentralbank - Kompetenz doduerch, dass d'Zentralbank dat exekutiert.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, dass mer hei eng zolidd Aarbecht geleescht hunn an dass mer, wa mer um Enn vun der Prozedur sinn, eng Verfassung hunn, déi zu eiser Zäit passt an déi och Joerzénge oder, wann ech mam Här Clement schwätzen, Joerhonnerten iwwerlieft. Mee bon, dat mussen déi Nächste da jugéieren.

Ech wollt just déi Prezisioun ginn, onpoleemesch an awer op de Punkt.

Merci.

**Plusieurs voix.** – Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.** – Merci villmools, Här Di Bartolomeo.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** – Sidd Der sécher?

**M. Fernand Etgen, Président.** – Ganz sécher, Här Premierminister!

(Concertation interne)

Här Premierminister, Dir hutt d'Wuert.

**PRISE DE POSITION DU GOUVERNEMENT**

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** – Villmools merci, Här President. An erlaabt mer, hei der Constituante Merci ze soen, der Constituante, jo. Dat ass och esou wéi am Koalitionsaccord, wou mer eis och Ambitioun ginn hunn als dräi Parteien, mee dass duerno d'Aarbecht hei an dëser Chamber stattfonnt huet.

An ech muss lech soen, ech erlabe mer, haut net unzefänken, andeem ech dem Rapporteur Merci soen, mee dass ech mam Mars Di Bartolomeo a mam Alex Bodry ufänken, och, fir Merci ze soen, well déi zwee haten och eng ganz wichteg Roll an der Viraarbecht, déi et erlaabt huet, dass duerno e Mars Di Bartolomeo als President vun der Kommissioun och kann hei sinn. Dat heescht, erlaabt mer, dat mécht ee jo net oft, fir d'Éischt deene Merci ze soen, déi net heibanne sinn.

Mir hunn och vun 2005 un un dëser Constitutioun geschafft. Dat heescht, mir sinn elo méi wéi 17 Joer amgaangen, drun ze dokteren. Et ass wichteg, dass mer och eng Constitutioun kréien (veuillez lire: dass mer och vun enger Constitutioun fortkommen) - an de Mars Di Bartolomeo huet et prezis gesot - vun enger Postkutschenzäit, wéi mer nach vu Franc-ore geschwat hunn, op eng Constitutioun, déi och méi modern ass. An dofir och der Constituante e grouse Merci.

Mir kruten och direkt erkläert, dës le début vun Ären Aarbechten, dass mer kéinten dobäi sinn. Dofir erlaben ech mer, och dem Här Fettes a senger Ekip, och aus dem Staatsministère, e grouse Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi geleescht ginn ass. Mee d'Chamber huet eis direkt gesot: „Et ass der Constituante hir Aarbecht. Dofir, Regierung, haalt lech och diskreet an de Reuniounen!“ Dat hu mer dann och gemaach.

Zum d'Resultat muss ech lech soen, mengen ech, sinn et ganz, ganz wichteg Punkten - an ech ginn elo net op all Punkt an -, mee déi awer wierklech am Fong Institutiounen schützen.

Erlaabt mer, hei mam Grand-Duc unzefänken. Dass hei wierklech gekuckt gëtt, dass de Grand-Duc sech bei guer kenge Choix muss amëschen, déi eng politesch Konnotatioun kéinten hunn, hëllef der Institutioun. Een, deen hei fir d'Monarchie ass, dee misst och hei hannert deem Text stoen.

Wann ee wëllt eng Institutioun wéi d'Monarchie stärken, da muss een evitéieren, dass een de Monarch an d'politesch Arena setzt! Da muss een evitéieren, dass de Monarch Choix muss treffen, wou duerno gesot gëtt: „Et si Préférences do.“ De Grand-Duc ass inviolabel! De Grand-Duc ass irresponsabel! An dat ass d'Garantie, fir dass mer och déi Monarchie hei kënnen laang halen, andeem mer och déi Institutioun protegéieren!

Dowéinst, all déi Leit, déi mengen, dass eng Verfassung an déi Verfassungsännerung hei géif d'Roll vum Grand-Duc schwächen - au contraire! Et protegéiert d'Institutioun! Jo, well och eng Institutioun wéi de Grand-Duc ... Mir hunn och Leit heibannen - an dat huet een ze respektéieren -, déi der Meinung sinn, dass mer eng aner Staatsform missten hunn.

Ech gehéieren zu deenen ..., an ech weess, dass ech och kritiséiert ginn, well ech dozou stinn: Ech si Monarchist! Ech fannen, dass et fir de Lëtzebuurger Modell dee beschte System ass, deen ee kann hunn. Dat ass meng perséinlech Meinung! Ech





schwätzen elo weeder als Premier, ech schwätzen elo net als Responsable vun den Institutionen, ech schwätzen als einfache Bierger. Ech gleewen un déi Institution!

Wann een déi Institution kennt, da weess een, dass ee se och muss virun Attacke protegéieren. Als Staatsminister ass et och meng Roll, dass mer kucken, zesumme mat der Chamber, wéi mer d'Institution stärke kënnen. D'Maison grand-ducale, déi geschafe ginn ass, d'Maison du Grand-Duc, ass eng wichteg Etapp gewiescht.

Ech wëll och dem Här Gloden Merci soen, well ech weess, wéi oft e scho rappeliert huet, dass den Text an der Verfassung misst sinn, fir dass en och méi juristescht fest ass wéi op deenen Texter, wou mir als Regierung gekuckt hunn nom Rapport Waringo, fir och esou séier wéi méiglech d'Institution am Fong ze stäerken.

zesumme mat de Culen, ze kucken, wéi mer en neie Wee kënnen goen.

An haut, déi Cérémonie civile, déi mer - leider - déi lescht zwee Joer net konnte feieren, gehéiert zum Acte central, den eng Regierung organiséiert, wou se hir Bierger zesummen invitéiert, egal, wéi eng Relioun se hunn, egal, wéi eng Originn se hunn, wou mer zesummen eis Unitéit feieren, wou mer zesummen eis Unitéit feieren, déi eppes Extraordinäres gelescht hunn, ob dat sportlech, ob dat ekonomesch ass, ob dat mënschlech ass, en Acte héroïque, wou d'Leit aner Liewe gerett hunn.

Jo, dat hu mer ronderëm op Nationalfeierdag gebaut, an net, andeems mer gesot hunn: „Elo falen déi aner Zeremonien ewech.“ Et geet och, andeems mer moies d'Cérémonie civile hunn, dass mëttes eng Militärparad ass an en Tedeum organiséiert gëtt, dass déi Deeg drop och Zere-

An och den honorabelen Dan Kersch, den haut jo och bei heibanne sëtzt, wor deemools och als Minister ganz engagéiert an deem ganze Punkt. An esou, wéi en et virdru preziséiert huet, den Här Kersch, hu mir op all deene Punkten, déi jo och ugefecht gi sinn, wou souguer de Bistum mat eis ugesicht ginn ass, gewonnen!

Deemools ass gesot ginn: „Et ass on-sécher“, „Dir verléiert“, „Dir verléiert“. Nee! Déi Evolution war néideg. Ech ka mech erënneren, als Kultusminister, dass ech d'Leit och a Pensioun ..., ech hunn d'Pensioun missen ënnerschreiwe vun all de Paschteier, déi a Pensioun gaange sinn. Et ass net d'Aarbecht vun enger Regierung, een a Pensioun ze schécken oder een anzustellen am Kultus! De Kultus muss sech och kënnen organiséieren. Ech mengen, dass hautdesdaags de Kult vill méi fräi ass, selwer kënnen säi Liewen ze organiséieren, wéi dee Lien ze hunn, dass et eng Staatsaf-

Joer eng Kulturhauptstad hunn, déi elo gläich ufänkt, ...

(Interruptions diverses)

... an dat ass Esch.

(Exclamations)

Ech wollt dat och dem Här Mischo - ...

Une voix.- An Diddeleng!

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - ... jo, en ass net do -, mee eise Kolleegen, den Escher Kollege soen: Mir hunn eng Hauptstadt, eng politesch Hauptstadt, mee dëst Joer hu mer och eng Kulturhauptstad. Ech wënschen hinnen och bonne, bonne Chance!

Dowéinst, Här President, erlaabt mer, ganz zum Schluss, lech nach eng Kéier ze soen: Mir komme vun enger Postkutschenzäit op eng modern

De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition ass mat 49 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 1 Abstentoun ugeholl.

Ont voté oui : *Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, M. Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mmes Semiray Ahmedova, Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Ont voté non : *MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

S'est abstenue : *Mme Myriam Cecchetti.*

**6. DÉPÔT D'UNE DEMANDE D'ORGANISATION D'UN REFERENDUM TEL QUE PRÉVU À L'ARTICLE 114, ALINÉA 3 DE LA CONSTITUTION**

Da ginn ech d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

**EXPOSÉ**

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, Här President, villmools merci. Ech mengen, mir hate jo schon nom Vott iwwert den éischten Deel vun der Verfassung, den iwwert d'Justiz, driwwer geschwat, datt et zwou Méiglechkeete gëtt, u sech e Referendum ze provozéieren. Dat eent ass déi Prozedur vum Député initiateur no eise Chambersreglement, wou eeben, wa 16 Deputéierter op d'mannst ënnerschreien, e Referendum kann ageleet ginn. Dat anert ass iwwert den Artikel 114 vun der Verfassung mat 25.000 Bierger/Ënnerschrëften, wat dann och kéint zu engem Referendum féieren.

Ech wëll haut also beim zweete Kapitel och déi Prozedur vum Député initiateur hei aleeden an der Hoffnung, datt mer 16 Ënnerschrëfte kréien. Beim éischten Deel hate mer aacht Ënnerschrëften. Vläch gëtt et der déi Kéier jo méi. An deem Sënn wëll ech lech hei dëse Brëif hannerleeën no eise Chambersreglement an d'Prozedur vum Député initiateur aleeden.

Ech soen lech Merci

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung si fir den 8., 9. an 10. Februar virgesinn.

D'Sitzung ass opgehuewen.



Den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel

Andeems mer déi Maison du Grand-Duc geschafen hunn, hu mer d'Institution gestärkt! Déi lescht Méint a Joren héiert een net vu Problemer mam Personal beim Haff - duerch déi Institution vum Grand-Duc, duerch déi Maison du Grand-Duc an och d'Aarbecht, déi den Hofmarschall och gemaach huet.

Et kann och net sinn, dass an onsem Land am Fong eng Rëtsch vun Dispositionen iwwert d'Institution an engem Familljepakt zréckzesiche sinn - engem Familljepakt an net an enger Verfassung! Dowéinst, mengen ech, ass et héich Zäit ginn, dass verschidde Saachen, déi och am Familljepakt stinn, hire Wee och an d'Constitution fonnt hunn.

Erlaabt mer och, iwwert d'Liberté de culte ... Mir maachen, wéi wann dat alles normal wier. Ech wëll elo ... Duerch Corona konnte mer net wéi üblech zelebréieren. Ech wëll lech awer just drun erënneren, dass virun 2013 an deem Land Nationalfeierdag - Nationalfeierdag! - en Tedeum war an eng Militärparad. Et wor näischt anescht!

Bon, d'Gemeng Lëtzebuerg huet fir e festiven Deel den Dag virdru gesuergt, mat Freedefier a mat Festivitéiten an der Stad, esou wéi all déi aner Gemengen och gekuckt hunn, fir mat hire Bierger kënnen eppes ze feieren. Mee d'Regierung huet am Fong offiziell an eng Cérémonie religieuse ..., déi och net interreligieuse deemools war. Dat wor e kathoulesche Culte, den aleng gefeiert ginn ass. Dofir wor et fir eis wichteg, och zesumme mam Bistum,

monien organiséiert gi vun deene verschidde Culen, och fir dem Grand-Duc hir Eier ze erweisen. Dat geet, een nieft deem aneren, an net, andeem een imposéiert, andeem ee seet: „Et dierf net méi.“ De But wor, vun de Culen ... An dofir muss ech lech och als Kultusminister soen, dass ech frou war. Et ass hei geschwat gi vu „Revolution zu Lëtzebuerg“. Nee! Et wor eng Evolution, déi néideg war.

De Culte ass net eng Staatssaach! Mir muss garantéieren, dass d'Leit hire Culen kënnen ausüben. Mee et ass net un eis ze soen, wéi ee Culte dat muss sinn. Et ass net un eis ze soen, wéi ee Culte dee richtegen ass. De Culte ass eppes Perséinlech. D'Leit kënnen e Besoin hu fir zesummenzekommen, mee et ass net un eis als Regierung oder als Politik ze soen, wéi ee Culte dee richtegen ass. Dat ass eng Conviction personnelle, déi d'Leit och selwer mussen entwéckele kënnen an appreciéiere kënnen an duerno och eeben appliquéieren. An et ass net un eis, eis do anzemëschen.

Wann een haut dat dote kuckt, dann ass dat fir mech eng Evolution, déi och néideg war, a keng Revolution, wéi och verschidde Leit et probéiert hunn ze maachen. An et geet ganz gutt! De Kontakt leeft. Mir hu reegelméisseg och déi Inter-Cultes-Reuniounen zesumme gehat, zum Beispill an der Covidzäit. An ech muss lech soen, dass do d'Relatioun ganz gutt sinn.

Ech ka mech erënneren, wéi ech Kultusminister gi sinn, ganz am Ufank ...

fär bal wier, och de Culte kënnen auszeféieren.

Här President, iwwert d'Regierung, hei iwwert d'Motion de censure: Ech hunn d'Motion de confiance selbstverständlech léiwer wéi eng Motion de censure, mee et ass wichteg - mir hatten dat net an den Texter stoen -, dass eng Chamber ka soen: „Hei, dat doten!“ Mir hunn dann eng Motioun oder eng Resolutioun, wou dann d'Chamber seet, si ass zefriden oder si ënner-stëtzt oder et soll ëmgesat ginn. An eng Motion de censure an eng Motion ...

An ech ka mech erënneren, tatsächlech, wéi den Här Gloden gesot huet: 2013 souze mer hei an enger Situation, wou op eng Kéier de Staatsminister Juncker - dee Staatsminister Juncker - gesot huet: „Ech ginn elo dem Grand-Duc d'Demission.“ An du souze mer alleguerten hei la bouche bée: „Wat maache mer elo? Wéi geet et weider?“ Dowéinst ass et och wichteg, déi dote Punkten hei ze kréieren.

Ech brauch elo net drop anzegoen, d'Madamm Beissel huet jo och schon iwwert d'Stad Lëtzebuerg geschwat, dass dat d'Hauptstad ass. Selbstverständlech hunn ech och e Virliewe gehat. Et ass wichteg, dass ee weess, dass d'Hauptstad och déi Roll huet, déi se och an engem Land wéi Lëtzebuerg huet.

Erlaabt mer och just, an deem dote Kontext ze soen, dass mer eng Hauptstadt hunn an dass mer awer och dëst

Constitution. A fir mech, haut dës Constitution stëmmen ... Dowéinst akzeptéieren ech och net, dass probéiert gëtt, hei mat falsche Sujeten, mat falschen Informatiounen de Leit Angscht ze maachen!

Een, den haut Jo zu dëser Verfassung seet, dee seet Jo zu Institutionen, déi hei an deem Land funktionéieren, dee seet Jo, Här President, zu engem Lien tëschent Europa a Lëtzebuerg, den infallible ass an op dee mer och houfreg sinn, an e seet Jo zu enger Monarchie, Jo zu engem moderne Land. An dofir Jo zu dëser Verfassung.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

ler mer elo zum Vott kommen, wollt ech drun erënneren, dass ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kënnen mat ofzestëmmen.

Mir kommen elo zum éischte Vote constitutionnel iwwert d'Proposition 7700. Den Text steet am Document parlementaire 7700<sup>16</sup>. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

**PREMIER VOTE CONSTITUTIONNEL SUR LA PROPOSITION DE RÉVISION DE LA CONSTITUTION 7700**

D'Ofstëmmen fänkt un.



TEXTE COORDONNE  
PROPOSE PAR LA  
COMMISSION DES  
INSTITUTIONS ET  
DE LA REVISION  
CONSTITUTIONNELLE

N° 7700  
PROPOSITION DE REVISION  
DES CHAPITRES I<sup>ER</sup>, II, III, V,  
VII, VIII, IX, X, XI ET XII DE LA  
CONSTITUTION

Art. 1<sup>er</sup>. Le chapitre Ier de la Constitu-  
tion est libellé comme suit :

«CHAPITRE I<sup>ER</sup>.- DE L'ETAT, DE  
SON TERRITOIRE ET DE SES  
HABITANTS

SECTION 1<sup>RE</sup>. - DE L'ETAT, DE SA  
FORME POLITIQUE ET DE LA  
SOVERAINETE

Art. 1<sup>er</sup>.  
Le Grand-Duché de Luxembourg est  
un Etat démocratique, libre, indépen-  
dant et indivisible.

Art. 2.  
Le Grand-Duché de Luxembourg est  
placé sous le régime de la démocra-  
tie parlementaire. Il a la forme d'une  
monarchie constitutionnelle.

Il est fondé sur les principes d'un Etat  
de droit et sur le respect des droits  
de l'Homme.

Art. 3.  
La souveraineté réside dans la Nation  
dont émanent les pouvoirs de l'Etat.

Art. 4.  
(1) La langue du Grand-Duché de  
Luxembourg est le luxembourgeois.  
La loi règle l'emploi des langues  
luxembourgeoise, française et  
allemande.

(2) L'emblème national est le drapeau  
tricolore rouge, blanc, bleu.

(3) La loi définit les armoiries de l'Etat.

(4) L'hymne national est «Ons Hee-  
mecht».

Art. 5.  
Le Grand-Duché de Luxembourg  
participe à l'intégration européenne.

L'exercice de pouvoirs de l'Etat peut  
être transféré à l'Union européenne  
et à des institutions internationales  
par une loi adoptée dans les condi-  
tions de l'article 113, alinéa 2, de la  
Constitution.

SECTION 2. - DU TERRITOIRE

Art. 6.  
Toute cession, tout échange, toute  
adjonction de territoire ne peut avoir  
lieu qu'en vertu d'une loi adoptée dans  
les conditions de l'article 113, alinéa  
2, de la Constitution.

Art. 7  
Les limites et les chefs-lieux des can-  
tons, des communes et des arrondis-  
sements judiciaires sont déterminés  
par la loi.

Art. 8.  
La Ville de Luxembourg est la capitale  
du Grand-Duché de Luxembourg  
et le siège des institutions constitu-  
tionnelles.

Art. 2. Après l'article 10bis de la Cons-  
titution, il est inséré un article 10ter  
nouveau, libellé comme suit :

«Art. 10ter. Tout non-luxembour-  
geois qui se trouve sur le territoire  
du Grand-Duché, jouit de la protec-  
tion accordée aux personnes et aux  
biens, sauf les exceptions établies  
par la loi.»

Art. 3. A l'article 11, paragraphe 6 de la  
Constitution, les deux derniers alinéas  
sont supprimés.

Art. 4. Les articles 21, 22, 29, 30 et  
31 de la Constitution sont abrogés.

Art. 5. L'article 32bis actuel de la Con-  
stitution est renuméroté en article  
26bis.

Art. 6. Les articles 46 et 47 actuels de  
la Constitution sont renumérotés en  
articles 58bis et 58ter.

Art. 7. L'article 51, paragraphe 1<sup>er</sup> de  
la Constitution est abrogé.

Art. 8. L'article 80 de la Constitution  
est renuméroté en article 73.

Art. 9. Il est introduit un article 31bis  
dans la Constitution, libellé comme  
suit :

«Art. 31bis. Aucun serment ne peut  
être imposé qu'en vertu de la loi qui  
en détermine la formule.»

Art. 10. Le chapitre III de la Constitu-  
tion est libellé comme suit :

«CHAPITRE III.- DU GRAND-DUC

SECTION 1<sup>RE</sup>. - DE LA FONCTION  
DU CHEF DE L'ETAT

Art. 32.  
(1) Le Grand-Duc est le Chef de l'Etat.

Il représente l'Etat. Il est le symbole de  
l'unité et de l'indépendance nationales.

Sa personne est inviolable.

(2) Le Grand-Duc n'a d'autres attri-  
butions que celles que lui accordent  
la Constitution et les lois.

Il exerce conjointement avec le Gou-  
vernement le pouvoir exécutif.

(3) Les dispositions du Grand-Duc  
doivent être contresignées par un  
membre du Gouvernement, qui en  
assume la responsabilité.

Art. 33.  
(1) Le Grand-Duc prend les règlements  
et arrêtés nécessaires pour l'exécution  
des lois.

(2) Dans les matières réservées à la  
loi par la Constitution, le Grand-Duc  
ne peut prendre des règlements et  
arrêtés qu'en vertu d'une disposition  
légale particulière qui fixe l'objectif  
des mesures d'exécution et le cas  
échéant les conditions auxquelles  
elles sont soumises.

(3) Il prend les règlements nécessaires  
pour l'application des actes juridiques  
de l'Union européenne.

Dans les matières réservées à la loi  
par la Constitution, ces règlements  
ne peuvent être pris qu'en vertu d'une  
disposition légale particulière qui fixe  
l'objectif des mesures d'exécution et,  
le cas échéant, les conditions aux-  
quelles elles sont soumises. Dans les  
conditions déterminées par la loi,  
ces règlements peuvent déroger aux  
dispositions légales existantes ou rem-  
placer celles-ci.

Art. 34.  
Le Grand-Duc fait et défait les traités.  
Les traités et, sauf clause spécifique  
dans un traité, leur dénonciation n'ont  
d'effet qu'après avoir été approuvés  
par la loi. Ils sont publiés dans les  
formes prévues pour la publication  
des lois.

Le Grand-Duc fait les règlements et  
arrêtés nécessaires pour l'exécution  
des traités dans les formes qui règlent  
les mesures d'exécution des lois et  
avec les effets qui s'attachent à ces  
mesures, sans préjudice des matières  
qui sont réservées par la Constitution  
à la loi.

Art. 35.  
Dans l'exercice du pouvoir lui attribué  
par les articles 33, paragraphes 1 et 3

et 34, alinéa 2 de la Constitution, le  
Grand-Duc peut, dans les cas qu'il  
détermine, charger les membres de  
son Gouvernement de prendre des  
mesures d'exécution.

Art. 36.  
En cas de crise internationale, de  
menaces réelles pour les inté-  
rêts vitaux de tout ou partie de la  
population ou de péril imminent  
résultant d'atteintes graves à la  
sécurité publique, le Grand-Duc,  
après avoir constaté l'urgence résul-  
tant de l'impossibilité de la Chambre  
des Députés de légiférer dans les  
délais appropriés, peut prendre en  
toutes matières des mesures régle-  
mentaires.

Ces mesures peuvent déroger à des  
lois existantes. Elles doivent être né-  
cessaires, adéquates et proportionnées  
au but poursuivi et être conformes à  
la Constitution et aux traités inter-  
nationaux.

La prorogation de l'état de crise au-  
delà de dix jours ne peut être décidée  
que par une ou plusieurs lois, qui en  
fixent la durée sans que la prorogation  
puisse dépasser une durée maximale  
de trois mois. Ces lois sont adoptées  
avec une majorité qualifiée des deux  
tiers des suffrages des députés, les  
votes par procuration n'étant pas  
admis.

Tous les règlements pris en vertu de  
la présente disposition cessent leurs  
effets au plus tard à la fin de l'état  
de crise.

La Chambre des Députés ne peut  
être dissoute pendant l'état de crise.

Art. 37.  
Le Grand-Duc promulgue les lois dans  
les trois mois de leur adoption par la  
Chambre des Députés.

Art. 38.  
(1) Le Grand-Duc nomme aux emplois  
publics, conformément à la loi, et  
sauf les exceptions établies par elle.

(2) Aucune fonction salariée par l'Etat  
ne peut être créée qu'en vertu d'une  
loi.

(3) Le statut des fonctionnaires de  
l'Etat est déterminé par la loi.

Art. 39.  
Le Grand-Duc a le droit, dans les  
conditions déterminées par la loi,  
de remettre ou de réduire les peines  
prononcées par les juridictions.

Art. 40.  
Le Grand-Duc a le droit de conférer  
des titres de noblesse aux membres de  
la famille grand-ducale, sans pouvoir  
jamais y attacher de privilège.

Art. 41.  
(1) Le Grand-Duc porte le titre de  
commandant de l'armée. Ce com-  
mandement est exercé sous la res-  
ponsabilité du Gouvernement.

(2) Le Grand-Duc confère les ordres  
civils et militaires, en observant la loi.

Art. 42.  
Le Grand-Duc, l'ancien Chef de l'Etat,  
le Grand-Duc Héritier, le Régent et le  
Lieutenant-Représentant touchent sur  
le budget de l'Etat une dotation annu-  
elle, dont les éléments et le montant  
sont fixés par la loi.

Le Grand-Duc, tenant compte de  
l'intérêt public, définit et organise  
son administration qui jouit de la per-  
sonnalité juridique.

Art. 43.  
Le Palais Grand-Ducal à Luxembourg  
et le Château de Berg sont réservés à  
l'habitation du Grand-Duc.

SECTION 2. - DE LA MONARCHIE  
CONSTITUTIONNELLE

Art. 44.  
(1) La fonction de Chef de l'Etat est  
héréditaire dans la descendance di-  
recte de Son Altesse Royale Adolphe,  
Grand-Duc de Luxembourg, Duc de  
Nassau, par ordre de primogéniture  
et par représentation. Seuls les en-  
fants nés d'un mariage ont le droit  
de succéder.

(2) La personne en droit de succéder  
peut y renoncer. Cette renonciation  
intervient sous forme d'un acte écrit  
qui est irrévocable et dont les effets  
ne s'appliquent qu'à l'auteur.

Lorsque des circonstances exception-  
nelles le commandent, la Chambre des  
Députés peut exclure une ou plusieurs  
personnes de l'ordre de succession  
par une loi adoptée dans les condi-  
tions de l'article 113, alinéa 2, de la  
Constitution.

(3) A défaut de successeur, la Cham-  
bre des Députés se réunit au plus  
tard dans les trente jours du décès  
ou de l'abdication du Grand-Duc en  
vue de désigner un nouveau Chef de  
l'Etat. La décision est adoptée dans  
les conditions de l'article 113, alinéa  
2, de la Constitution.

(4) L'abdication du Grand-Duc re-  
quiert la forme d'un acte écrit qui est  
irrévocable.

Art. 45.  
(1) Le Grand-Duc exerce la fonction  
de Chef de l'Etat à partir du moment  
où il a prêté devant la Chambre des  
Députés le serment suivant : «Je jure  
d'observer la Constitution et les lois et  
de remplir fidèlement mes attributions  
constitutionnelles.»

(2) Le serment est prêté au plus tard le  
dixième jour qui suit le décès, l'abdi-  
cation ou la désignation du Grand-Duc  
dans les conditions de l'article 44,  
paragraphe 3.

(3) Le refus de prêter le serment com-  
porte renonciation à la fonction de  
Chef de l'Etat.

Art. 46.  
Le Grand-Duc peut se faire représen-  
ter par une personne qui remplit les  
conditions de l'article 44, paragraphe  
1<sup>er</sup>, et qui porte le titre de Lieutenant-  
Représentant du Grand-Duc.

Le Lieutenant-Représentant du Grand-  
Duc n'entre en fonction qu'après avoir  
prêté devant la Chambre des Députés  
le serment suivant : «Je jure d'obser-  
ver la Constitution et les lois et de  
remplir fidèlement mes attributions  
constitutionnelles».

Art. 47.  
Si au décès du Grand-Duc, ou à la date  
de son abdication, son successeur est  
mineur, la Chambre des Députés se  
réunit dans les dix jours à l'effet de  
pourvoir, sur proposition du Gou-  
vernement, à la régence.

Si le Grand-Duc se trouve dans l'im-  
possibilité temporaire de remplir ses  
attributions constitutionnelles ou de  
prêter le serment prévu à l'article  
45 le Gouvernement en informe la  
Chambre des Députés, qui se réunit  
dans les dix jours à l'effet de constater  
cette impossibilité et de pourvoir à  
la régence.

La régence ne peut être confiée qu'à  
une seule personne, qui doit être ma-  
jeure et faire partie des personnes  
visées à l'article 44, paragraphe 1<sup>er</sup>.

Le Régent n'entre en fonction qu'après  
avoir prêté devant la Chambre des  
Députés le serment suivant : «Je jure  
d'observer la Constitution et les lois et  
de remplir fidèlement mes attributions  
constitutionnelles.»

La régence prend fin à la majorité du  
successeur ou à la cessation de l'im-  
possibilité temporaire du Grand-Duc

de remplir ses attributions constitu-  
tionnelles.

Le Gouvernement en informe la  
Chambre des Députés, qui se réunit  
dans les dix jours à l'effet de mettre  
fin à la fin de la régence.

Art. 48.  
Si le Grand-Duc ne remplit pas ses  
attributions constitutionnelles, la  
Chambre des Députés, à la demande  
du Gouvernement, le Conseil d'Etat  
entendu en son avis, décide dans les  
conditions de l'article 113, alinéa 2, de  
la Constitution qu'il y a lieu de con-  
sidérer que le Grand-Duc a abdiqué.

Art. 49  
A partir du décès du Grand-Duc, de  
son abdication ou du constat de son  
impossibilité de remplir ses attri-  
butions constitutionnelles, jusqu'à la  
prestation de serment du succes-  
seur, la fonction de Chef de l'Etat est  
exercée par le Gouvernement. Il en  
est de même en cas de décès ou de  
démission du Régent.»

Art. 11. Le chapitre V de la Constitution  
est libellé comme suit :

«CHAPITRE V.- DU  
GOUVERNEMENT

Art. 76.  
Le Gouvernement dirige la politique  
générale de l'Etat .

Art. 77.  
Le Gouvernement se compose d'un  
Premier ministre, d'un ou de plu-  
sieurs Vice-premiers ministres, de  
ministres et, le cas échéant, d'un ou  
de plusieurs ministres délégués et  
secrétaires d'Etat.

Le Grand-Duc nomme le Premier  
ministre et les autres membres du  
Gouvernement et met fin à leurs  
fonctions.

Avant d'entrer en fonction, les  
membres du Gouvernement prêtent le  
serment qui suit : «Je jure d'observer  
la Constitution et les lois et de remplir  
ma fonction avec intégrité, exactitude  
et impartialité.»

Art. 78.  
La fonction de membre du Gou-  
vernement est incompatible avec celle  
de député, de conseiller d'Etat, de  
membre d'un conseil communal ainsi  
qu'avec des fonctions publiques ou  
une activité professionnelle.

Art. 79.  
Les membres du Gouvernement  
exercent leurs attributions, soit en  
conseil, soit individuellement pour  
les affaires dont ils ont la charge.

Art. 80.  
Le Premier ministre coordonne l'action  
du Gouvernement et veille au maintien  
de l'unité de l'action gouvernementale.

Art. 81.  
Le Gouvernement détermine son or-  
ganisation et son fonctionnement par  
voie de règlement interne, approuvé  
par arrêté grand-ducal, à l'exception  
des matières que la Constitution ré-  
serve à la loi.

Art. 82.  
(1) Le Premier ministre engage la res-  
ponsabilité du nouveau Gouvernement  
à l'occasion de la présentation du  
programme gouvernemental devant la  
Chambre des Députés.

(2) Le Premier ministre peut, après  
délibération du Gouvernement en  
conseil, engager la responsabilité du  
Gouvernement devant la Chambre  
des Députés à l'occasion du vote d'un  
projet de loi ou d'une déclaration  
gouvernementale.

(3) La Chambre des Députés peut  
engager la responsabilité du Gou-  
vernement par une motion de censure.



(4) Lorsque la Chambre des Députés refuse la confiance au Gouvernement, le Premier ministre présente la démission du Gouvernement au Grand-Duc .

(5) Le Gouvernement démissionnaire continue à conduire la politique générale.

**Art. 83.**  
(1) Le Gouvernement et ses membres sont responsables devant la Chambre des Députés.

(2) Les membres du Gouvernement ne répondent ni civilement ni pénalement des opinions qu’ils émettent à l’occasion de l’exercice de leur fonction.

(3) Les membres du Gouvernement sont pénalement responsables des actes commis par eux dans l’exercice de leur fonction.

Seul le ministère public peut intenter et diriger les poursuites à l’encontre d’un membre du Gouvernement pour ces actes, même après cessation de sa fonction.

(4) Sauf le cas de flagrant délit, toute arrestation d’un membre du Gouvernement nécessite l’autorisation préalable de la Chambre des Députés. Cette autorisation n’est pas requise pour l’exécution des peines, même celles privatives de liberté, prononcées à l’encontre d’un membre du Gouvernement.»

Art. 12. Le chapitre VII de la Constitution est libellé comme suit :

«**CHAPITRE VII.- DE CERTAINES DISPOSITIONS RELATIVES A L'ADMINISTRATION DE L'ETAT**

**SECTION 1<sup>RE</sup> - DES REGLES GENERALES D'ADMINISTRATION**

**Art. 96.**  
Aucune loi ni aucun règlement ou arrêté d’administration générale ne sont obligatoires qu’après avoir été publiés dans la forme déterminée par la loi.

**Art. 97.**  
La loi détermine les conditions et les limites ainsi que les modalités de mise en œuvre de la responsabilité de l’Etat et des autres personnes morales de droit public pour les dommages qu’ils ont causés ou qu’ont causés leurs mandataires publics et agents dans l’exercice de leurs fonctions.

**Art. 97bis.**  
L’organisation et les attributions de la force publique sont réglées par la loi.

Toute déclaration relative à l’Etat de guerre et tout engagement de la force publique dans des opérations à l’étranger requièrent l’autorisation de la Chambre des Députés selon les modalités à établir par la loi.

**SECTION 2.- DES FINANCES**

**Art. 98.**  
(1) Tout impôt de l’Etat ainsi que toute exemption ou modération d’impôt sont établis par la loi.

(2) Les impôts au profit de l’Etat sont votés annuellement. Les lois qui les

établissent n’ont de force que pour un an, si elles ne sont pas renouvelées.

(3) Hormis les cas formellement exceptés par la loi, aucune rétribution ne peut être exigée des citoyens ou des établissements publics qu’à titre d’impôt au profit de l’Etat ou de la commune.

**Art. 99.**  
(1) Tout emprunt à charge de l’Etat doit être contracté avec l’assentiment de la Chambre des Députés.

(2) Toute aliénation d’une propriété immobilière ou mobilière de l’Etat doit être autorisée par une loi spéciale. Toutefois, une loi générale peut déterminer un seuil en dessous duquel une autorisation spéciale de la Chambre des Députés n’est pas requise.

(3) Toute acquisition par l’Etat d’une propriété immobilière ou mobilière importante, toute réalisation au profit de l’Etat d’un grand projet d’infrastructure ou d’un bâtiment considérable ainsi que tout engagement financier important de l’Etat doivent être autorisés par une loi spéciale. Une loi générale détermine les seuils à partir desquels cette autorisation est requise, ainsi que les conditions et les modalités pour financer les travaux préparatoires.

(4) Toute charge grevant le budget de l’Etat pour plus d’un exercice doit être établie par une loi spéciale.

(5) Toute pension, tout traitement d’attente ainsi que toute gratification à la charge de l’Etat sont accordés par une loi.

**Art. 100.**  
Chaque année, la Chambre des Députés arrête la loi des comptes et vote le budget. Toutes les recettes et dépenses de l’Etat doivent être portées au budget et dans les comptes.

**Art. 101.**  
(1) Une Cour des comptes est chargée du contrôle de la gestion financière des organes, administrations et services de l’Etat. La loi peut lui confier d’autres missions de contrôle de gestion financière des deniers publics.

(2) La Cour des comptes soumet ses contestations et recommandations sur le compte général de l’Etat à la Chambre des Députés.

(3) Les attributions et l’organisation de la Cour des comptes ainsi que les modalités de son contrôle et les relations avec la Chambre des Députés sont déterminées par la loi.

(4) Les membres de la Cour des comptes sont nommés par le Grand-Duc sur proposition de la Chambre des Députés.

**SECTION 3. - DES RELATIONS ENTRE L'ETAT ET LES COMMUNAUTES RELIGIEUSES**

**Art. 102.**  
Les églises et les communautés religieuses sont séparées de l’Etat.

La loi règle les relations entre l’Etat et les églises et communautés religieuses.

Dans les limites et formes déterminées par la loi, des conventions à approuver par la Chambre des Députés peuvent préciser les relations entre l’Etat et les églises et communautés religieuses.»

Art. 13. Le chapitre VIII de la Constitution est libellé comme suit :

**CHAPITRE VIII. - DES COMMUNES**

**Art. 103.**  
(1) Les communes forment des collectivités autonomes, à base territoriale, possédant la personnalité juridique et gérant par leurs organes leurs intérêts et leur patrimoine propres.

(2) La loi règle la composition, l’organisation et les attributions des organes de la commune.

**Art. 104.**  
(1) Il y a dans chaque commune un conseil communal élu directement sur base du suffrage universel et par vote secret.

(2) La commune est administrée sous l’autorité du collège des bourgmestre et échevins, qui sont nommés parmi les membres du conseil communal dans la forme déterminée par la loi.

**Art. 105.**  
(1) Les impôts au profit des communes sont établis par la loi.

Dans le respect de ses compétences constitutionnelles et légales, le conseil communal peut établir les impôts et les taxes nécessaires à la réalisation de l’intérêt communal. Les impôts et les taxes communaux sont approuvés par l’autorité de surveillance.

(2) Le conseil communal établit annuellement le budget de la commune et en arrête les comptes.

(3) Les communes ont droit aux ressources financières pour remplir les missions qui leur sont confiées par la loi.

**Art. 106.**  
Le conseil communal fait les règlements communaux, sauf les cas d’urgence.

Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, les règlements communaux ne peuvent être pris qu’en vertu d’une disposition légale particulière qui fixe l’objectif des mesures d’exécution et, le cas échéant, les conditions auxquelles elles sont soumises.

Les règlements communaux doivent être conformes aux lois et aux règlements pris en application de l’article 33.

**Art. 107.**  
(1) La rédaction des actes de l’état civil et la tenue des registres de ces actes sont exclusivement dans les attributions des organes de la commune que la loi détermine.

(2) La loi établit le statut des fonctionnaires communaux.

**Art. 108.**  
Toute commune peut créer, seule ou avec d’autres communes, des établissements publics dans les limites et selon la manière déterminée par la loi.

**Art. 109.**  
La loi règle la surveillance de la gestion communale et détermine limitativement les actes des organes communaux à approuver par l’autorité de surveillance. Elle peut soumettre certains actes des organes communaux à l’approbation de l’autorité de surveillance et prévoir leur annulation ou leur suspension en cas d’illégalité ou de contrariété à l’intérêt général, sans préjudice des attributions des juridictions de l’ordre judiciaire ou de l’ordre administratif.

Le Gouvernement en conseil peut dissoudre le conseil communal dans l’intérêt de la gestion de la commune.

Art. 14. Le chapitre IX de la Constitution est libellé comme suit :

«**CHAPITRE IX. - DES ETABLISSEMENTS PUBLICS DE L'ETAT ET DES ORGANES PROFESSIONNELS**

**Art. 110.**  
(1) La loi peut créer des établissements publics, qui ont la personnalité juridique et qui sont placés sous la tutelle de l’Etat.

(2) La loi peut créer des chambres professionnelles, qui ont la personnalité juridique.

(3) La loi peut constituer des organes représentatifs des professions libérales et les doter de la personnalité juridique.

**Art. 111.**  
(1) La loi détermine l’objet, l’organisation et les compétences des établissements publics, des chambres professionnelles et des organes des professions libérales, qui ont la personnalité juridique.

(2) Dans la limite de leur objet, la loi peut leur accorder la compétence de prendre des règlements.

Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, ces règlements ne peuvent être pris qu’en vertu d’une disposition légale particulière qui fixe l’objectif des mesures d’exécution et, le cas échéant, les conditions auxquelles elles sont soumises.

Ces règlements doivent être conformes aux lois et aux règlements pris en application de l’article 33.»

Art. 15. Le chapitre X de la Constitution est libellé comme suit :

«**CHAPITRE X. - DE LA REVISION DE LA CONSTITUTION**

**Art. 112.**  
Aucune disposition de la Constitution ne peut être suspendue.

**Art. 113.**  
Toute révision de la Constitution doit être adoptée dans les mêmes termes par la Chambre des députés en deux votes successifs, séparés par un intervalle d’au moins trois mois.

Nulle révision ne sera adoptée si elle ne réunit au moins les deux tiers des suffrages des membres de la Chambre, les votes par procuration n’étant pas admis.

Le texte adopté en première lecture par la Chambre des députés est soumis à un référendum, qui se substitue au second vote de la Chambre, si dans les deux mois suivant le premier vote demande en est faite soit par plus d’un quart des membres de la Chambre, soit par vingt-cinq mille électeurs inscrits sur les listes électorales pour les élections législatives. La révision n’est adoptée que si elle recueille la majorité des suffrages valablement exprimés. La loi règle les modalités d’organisation du référendum.

Art. 16. Le chapitre XI de la Constitution est libellé comme suit :

«**CHAPITRE XI. - DISPOSITIONS TRANSITOIRES**

**Art. 114.**  
Les dispositions de l’article 44 sont pour la première fois applicables à la descendance de Son Altesse Royale Henri, Grand-Duc de Luxembourg, Duc de Nassau.

**Art. 17. Le chapitre XII de la Constitution, comprenant les articles 116 à 120, est abrogé.**

Art. 1817  
(1) La présente loi entre en vigueur le *premier jour du sixième mois qui suit sa publication au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg.*

(2) A compter du jour de l’entrée en vigueur de la présente loi, toutes les dispositions légales ou réglementaires contraires à la Constitution ne sont plus applicables.

(3) Toutes les autorités conservent et exercent leurs attributions, jusqu’à ce qu’il y ait été pourvu, conformément à la Constitution.



REVISIONE VUN DER CONSTITUTION: FIRWAT A WÉI?

WAT ASS D'URSAACH FIR DÉI GEPLANGT VERFASSUNGSREVISIONEN?

Mat den Ännerungen un der Constitution gëtt d'Zil verfollegt: d'Sprooch ze moderniséieren,

- d'Texter unzepassen un d'Realitéit an den aktuelle Fonctionnement vun den Institutionen.

WÉI SINN D'BIERGER AN DÉI PARLAMENTARESCH AARBECHTEN AGEBONNE GINN?

D'Chamber huet d'Bierger dozou opgeruff, um Ausschaffe vun deenen neien Dispositionen deelzehuelen:

Am Juni 2015 goufen d'Wieler per Referendum zu dräi Froen ëm hir Meenung gefrot, iwwer:

- d'Walrecht vun den Netlëtzebuerger bei de Legislativwale,

- dat fakultatiivt Walrecht fir Jonker vu 16 Joer un,
- déi zäitlech Begrenzung vun de Ministermandater.

D'Chamber huet an deem Kontext eng Rei Informatiounsversammlungen organiséiert an en Internetsite fräigeschalt. Bei hiren uschléissenden Aarbechten huet si d'Resultat vum Referendum respektéiert. Sou gëtt festgehalen, dass de Prinzip, no deem d'Walrecht per Gesetz op Netlëtzebuerger ausgedeeent ka ginn, net fir de Fall vun de Chamberwale gëllt.

Iwwert den Internetsite [www.ärvir-schléi.lu](http://www.ärvir-schléi.lu) konnten d'Bierger hir Virschléi fir d'Ännerung vun der Constitution eraginn. 139 Bierger oder Associatiounen hu matgemaach a Propositionen agereecht. Eng Partie vun hinnen hunn dunn an öffentliche Hearingen zesummen iwwert déi Virschléi diskutéiert. Dës Aarbechten hu vu Juli 2015 bis Juli 2016 gedauert. An et ass och esou, dass en Deel vun de Bierger hiren Iddien an déi nei Bestëmmunge vun der Verfassung matagefloss sinn. Dat ass zum Beispill de Fall fir d'Rechter vum Kand, de sozialen Dialog,

d'wëssenschaftlech Fuerschung oder och nach den Zougang zur Kultur.

E Projet, dee vum Léierstull fir parlamentaresch Studien an Zesummenaarbecht mat TNS ILRES lancéiert gouf, hat sech zum Zil gesat erauszefannen, wat d'Lëtzebuerger Staatsbierger sech vun enger Verfassungsreform erwaarden. Dofir goufe 60 Lëtzebuerger Bierger iwwer 16 Joer ausgewielt, fir sech an Diskussionsgruppen - den 2. an den 9. Juli 2016 - iwwert de Projet fir d'Ännerung vun der Constitution auszetauschen.

WAT FIR ENG DISPOSITIONE SINN D'RESULTAT VUN DER CONSULTATION VUN DE BIERGER?

Follgend Bestëmmunge sinn no der Biergerconsultation an d'Propositionen fir e Verfassungstext opgeholle ginn:

- d'Rechter vum Kand,
- de sozialen Dialog,
- den Zougang zur Kultur an d'Recht, sech kulturell ze entfalten, souwéi de Schutz vum kulturelle Patrimoine,
- d'Unerkennung vum Déier als

net mënschlecht Liewewiese mat Sensibilitéit, Schutz vu sengem Wuelbefannen,

- d'Fräiheet vun der wëssenschaftlecher Fuerschung,
- d'Initiativrecht vun de Bierger, fir Gesetzer virzeschloen,
- den Ombudsmann.

WÉI KANN D'VERFASSUNG GEÄNNERT GINN?

Fir d'Revision vun der Constitution gëllt eng vill méi komplex Prozedur wéi fir d'Modifikatioun vun engem einfache Gesetz. Et geet nämlech drëm, dem Verfassungstext, dee jo vu fundamentaler Bedeitung ass, eng maximal Stabilitéit ze ginn.

Fir all Revision vun der Constitution sinn zwee separat Votten noutwendeg, tëschent deenen en Zäitraum vun op d'mannst dräi Méint leie muss. Fir béid Votten ass eng Zweedréttmajoritéit néideg an de Vote par procuration ass net zougelooos.

Den zweete Vott kann duerch e Referendum ersat ginn, wann ee Véiereel vun den Deputéierten, also op d'mannst 16 Deputéiert, oder awer

25.000 Wieler dat froen. Gëtt d'Revision vun der Verfassung vun de Wieler ofgeleent, da ginn och d'Modifikatiounen net zréckbehalen. D'Constitution gëtt an deem Fall also net geännert.

Am Resümee kann ee soen, dass d'Prozedur fir d'Modifikatioun vun der Verfassung onverännert bleift.

WÉINI TRIEDEN DÉI NEI DISPOSITIONEN A KRAAFT?

No der Adoptioun vun all eenzel Proposition fir d'Revision vun der Constitution gëtt deen neien Text bannent dräi Méint vum Grand-Duc ënnerschriwwen. Da gëtt den Text am «Journal officiel» publizéiert an trëtt sechs Méint no senger Publikatioun a Kraaft.



Les rapporteurs des propositions de révision constitutionnelle, M. Charles Margue, M. Léon Gloden, M. Mars Di Bartolomeo et Mme Simone Beissel, avec le Président de la Chambre, M. Fernand Etgen, et le Secrétaire général, M. Laurent Scheeck





# CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

ÉDITION SPÉCIALE

RÉVISIONS DE LA

## CONSTITUTION

INFORMATION

DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

La proposition de révision de la Constitution concernant la Chambre des Députés et le Conseil d'Etat a été adoptée le 13 juillet 2022 – par un premier vote – avec une majorité de deux tiers des suffrages des députés (Proposition de révision n° 7777 des chapitres IV et Vbis de la Constitution).

### PRINCIPAUX CHANGEMENTS

#### Un nouvel instrument : l'initiative législative citoyenne

Les citoyens auront la possibilité de proposer un texte de loi. Cette proposition doit être motivée, présentée par 125 électeurs et soutenue par au moins 12.500 électeurs. Après validation, ces propositions citoyennes suivront la procédure législative normale et se différencient donc des pétitions.

#### Les pouvoirs de la Chambre sont renforcés

La Chambre des Députés exerce le pouvoir législatif et contrôle l'action du Gouvernement. Pour remplir ces missions, la Chambre peut :

- demander la présence d'un ou de plusieurs membres du Gouvernement,
- adresser au Gouvernement des questions et interpellations auxquelles il est tenu de répondre,
- demander au Gouvernement toutes les informations et tous les documents nécessaires pour remplir ses fonctions,
- adopter une motion de confiance ou une motion de censure à l'égard du Gouvernement.

#### Un accès plus facile au droit d'enquête

Une commission d'enquête doit dorénavant être instituée si un tiers (20) des députés au moins le demande. Actuellement, une commission d'enquête ne peut être instituée que sur demande de plus de la moitié (31) des députés.

#### Inscription de l'Ombudsman

Le nouveau texte inscrit l'Ombudsman dans la Constitution. L'Ombudsman, rattaché à la Chambre des Députés, est nommé par le Grand-Duc sur proposition de la Chambre des Députés.

Conformément à l'article 114 de la Constitution, un deuxième vote devra avoir lieu dans un intervalle d'au moins trois mois. Ce deuxième vote peut être remplacé par un référendum, si au moins 16 députés ou 25.000 électeurs inscrits sur les listes électorales pour les élections législatives le demandent. Le nouveau texte entrera en vigueur six mois après sa publication.

L'intégralité du dossier parlementaire peut être consultée sur le site [www.chd.lu](https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution) (<https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution>).

REVISIONE VUN DER

## CONSTITIOUN

INFORMATIOUN

VUN DER CHAMBER

D'Chamber huet d'Proposition Nr. 7777 fir d'Revisioun vun der Verfassung op de Kapitele Chamber a Staatsrot an engem éischte Vott den 13. Juli 2022 mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen ugeholl (« Proposition de révision n° 7777 des chapitres IV et Vbis de la Constitution »).

### HAAPTÄNNERUNGEN

#### En neit Instrument: d'Initiativrecht vun de Bierger

D'Bierger kréien d'Méiglechkeet, Gesetzestexter virzeschloen. Hir Propositionne mussen begrënnert sinn, vun 125 Wieler agereecht a vun op d'mannst 12.500 Wieler ënnerstëtzt ginn. Dës Virschléi sollen no Validatioun déi normal Gesetzesprozedur duerchlafen an ënnerscheeden sech deemno däitlech vun de Petitiounen.

#### Der Chamber hir Pouvoire gi gestärkt

D'Chamber mécht d'Gesetzer a kontrolléiert d'Aarbecht vun der Regierung. Fir deenen Aufgaben nozekommen, ginn eng Partie Rechter an d'Verfassung ageschriwwen:

- D'Chamber ka verlaangen, dass een oder méi Regierungsmembere present sinn.
- Si kann der Regierung parlamentaresch Froen, och a Form vun Interpellatiounen, stellen. D'Regierung muss dorop äntweren.
- D'Regierung ka vun der Chamber opgefuerdert ginn, hir all Informatiounen an Dokumenter zur Verfügung ze stellen, déi fir hir Aarbecht néideg sinn.
- D'Chamber huet d'Recht, e Vertrauensvott fir oder e Mësstrauensvott géint d'Regierung ze huelen.

#### Méi en einfachen Zougang zum Droit d'enquête

An Zukunft muss eng Enquêtëkommissioun agesat ginn, wann op d'mannst een Drëttel (20) vun den Deputéierten dat verlaangt. Am Moment ass dat just de Fall, wa méi wéi d'Hallschent (31) vun den Deputéierten dat freet.

#### Ombudsman

Mat deem neien Text gëtt den Ombudsman an der Constitutioun verankert. Den Ombudsman ass un d'Chamber rattachéiert. E gëtt vun der Chamber virgeschloen a vum Grand-Duc genannt.

Opgrond vum Artikel 114 vun der Verfassung muss d'Proposition Nr. 7777 no op d'mannst dräi Méint nom éischte Vott duerch en zweete Vott vun der Chamber adoptéiert ginn. Dësen zweete Vott kann duerch e Referendum ersat ginn, wann op d'mannst 16 Deputéiert oder 25.000 Wieler, déi an de Wielerlëscht fir d'Chamberwalen agedroe sinn, dat froen. Den neie Verfassungstext trëtt 6 Méint no senger Publikatioun a Kraaft.

De ganze parlamentareschen Dossier kann op der Websäit [www.chd.lu](https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution) consultéiert ginn (<https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution>).





# SOMMAIRE

## 69<sup>E</sup> SÉANCE - Mercredi 13 juillet 2022

**Présidence :**  
*M. Fernand Etgen, Président*  
*M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président*  
*M. Marc Spautz, Vice-Président*

|    |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                    |   |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                |
|----|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|---|------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| 1. | OUVERTURE DE LA SÉANCE PUBLIQUE                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                    | - | M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                    |
| 2. | 7777 - PROPOSITION DE RÉVISION DES CHAPITRES IV ET VBIS DE LA CONSTITUTION                                                                                                                                                                                                                                                                                                                         | - | Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Charles Margue                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| 3. | DÉPÔT D'UNE PROPOSITION DE LOI PAR M. CHARLES MARGUE                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                               | - | M. Charles Margue                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| 4. | 7777 - PROPOSITION DE RÉVISION DES CHAPITRES IV ET VBIS DE LA CONSTITUTION (SUITE)                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 | - | Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle (suite) : M. Charles Margue<br>Discussion générale : M. Léon Gloden (intervention de M. Gusty Graas) - Mme Simone Beissel (intervention de M. Gilles Baum) - M. Mars Di Bartolomeo - M. Fernand Kartheiser (dépôt de la résolution 1) - Mme Nathalie Oberweis (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - M. Sven Clement<br>Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de M. Sven Clement et M. Fernand Kartheiser) - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) - M. Sven Clement (parole pour fait personnel)<br>Premier vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution<br>Résolution 1 : M. Mars Di Bartolomeo - M. Léon Gloden - M. Charles Margue - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement - M. Mars Di Bartolomeo (intervention de M. Yves Cruchten) - Mme Nathalie Oberweis - M. Fernand Kartheiser - Mme Myriam Cecchetti - M. Gilles Baum (intervention de M. Fred Keup) - Mme Josée Lorsché - M. Sven Clement (intervention de Mme Josée Lorsché) - Mme Josée Lorsché (intervention de M. Sven Clement) - M. Claude Wiseler (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)<br>Vote sur la résolution 1 (rejetée)                                                                                                                                                                                                       |
| 5. | DÉPÔT D'UNE DEMANDE D'ORGANISATION D'UN REFERENDUM TEL QUE PRÉVU À L'ARTICLE 114, ALINÉA 3 DE LA CONSTITUTION                                                                                                                                                                                                                                                                                      | - | Exposé : M. Fernand Kartheiser                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| 6. | DÉCLARATION GOUVERNEMENTALE SUR L'AVIS COMPLÉMENTAIRE DU GROUPE AD HOC D'EXPERTS SUR L'INSTALLATION D'UNE OBLIGATION VACCINALE CONTRE LA COVID-19*                                                                                                                                                                                                                                                 | - | Déclaration : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| 7. | 7749 - PROJET DE LOI PORTANT ORGANISATION DE L'ÉTABLISSEMENT PUBLIC « MÉDIA DE SERVICE PUBLIC 100,7 » ET PORTANT MODIFICATION DE LA LOI MODIFIÉE DU 27 JUILLET 1991 SUR LES MÉDIAS ÉLECTRONIQUES*                                                                                                                                                                                                  | - | Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications : M. Pim Knaff<br>Discussion générale : Mme Diane Adehm - Mme Francine Closener - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser (intervention de Mme Djuna Bernard) - Mme Nathalie Oberweis - M. Sven Clement<br>Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias (interventions de M. Fernand Kartheiser et Mme Octavie Modert)<br>Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| 8. | 7877 - PROJET DE LOI PORTANT MODIFICATION : 1° DE LA LOI ÉLECTORALE MODIFIÉE DU 18 FÉVRIER 2003 ; 2° DE LA LOI MODIFIÉE DU 27 JUILLET 1991 SUR LES MÉDIAS ÉLECTRONIQUES*                                                                                                                                                                                                                           | - | Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Guy Arendt<br>Discussion générale : M. Gilles Roth (dépôt de la demande de vote séparé sur les articles 21 et 22) - Mme Carole Hartmann - Mme Djuna Bernard - Mme Cécile Hemmen - M. Charles Margue (intervention de M. Sven Clement) - M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Yves Cruchten) - Mme Nathalie Oberweis - M. Sven Clement - Mme Diane Adehm (interventions de M. Sven Clement et M. Mars Di Bartolomeo) - M. Mars Di Bartolomeo - Mme Diane Adehm (parole pour fait personnel) (intervention de M. Sven Clement) - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de Mme Diane Adehm, M. Mars Di Bartolomeo et M. Gilles Roth)<br>Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de Mme Octavie Modert, M. Yves Cruchten, M. Sven Clement, M. Gilles Roth et Mme Diane Adehm) - Mme Diane Adehm (parole après ministre) - M. Gilles Roth (parole après ministre) - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) - M. le Premier Ministre Xavier Bettel - M. Gilles Roth (parole après ministre) - M. le Premier Ministre Xavier Bettel - Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration<br>Vote séparé sur l'article 21 du projet de loi (adopté)<br>Vote séparé sur l'article 22 du projet de loi (adopté)<br>Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel |
| 9. | 8002 - PROJET DE LOI PORTANT MODIFICATION DE LA LOI MODIFIÉE DU 20 MAI 2014 RELATIVE AU FINANCEMENT DU RÉSEAU NATIONAL INTÉGRÉ DE RADIOCOMMUNICATIONS POUR LES SERVICES DE SÉCURITÉ ET DE SECOURS LUXEMBOURGEOIS EN VUE DU FINANCEMENT DES TRAVAUX D'EXTENSION ET DE PERFECTIONNEMENT DU RÉSEAU NATIONAL INTÉGRÉ DE RADIOCOMMUNICATION POUR LES SERVICES DE SÉCURITÉ ET DE SECOURS LUXEMBOURGEOIS* | - | Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler<br>Discussion générale : M. Gilles Roth - M. Yves Cruchten - M. François Benoy - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement<br>Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État<br>Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                    |

Au banc du Gouvernement se trouvent :  
*M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre ; Mme Corinne Cahen, Ministre.*

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures et close à 19.45 heures.)

\* La suite de cette séance sera publiée ultérieurement au compte rendu officiel.





1. OUVERTURE DE LA SÉANCE  
PUBLIQUE

**M. Fernand Etgen, Président.** – Ech maachen d'Séance op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

2. 7777 - PROPOSITION DE RÉVISION  
DES CHAPITRES IV ET  
VBIS DE LA CONSTITUTION

Den éischte Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass d'Verfassungsafännerung 7777, déi d'Kapitele IV a Vbis iwwert d'Chamber an de Staatsrot ofännert.

Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerderlech ass. De Vote par procuration ass net erlaabt.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Verfassungsafännerung, den honorablen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** – Charel, géff alles!

**M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur.** – Ech kommen erëm ze spët.

**Une voix.** – Géff Gas, soulaang mer es hunn!

(Hilarité)

RAPPORT DE LA COMMISSION  
DES INSTITUTIONS ET DE LA  
RÉVISION CONSTITUTIONNELLE

**M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur.** – Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Energie hunn ech nach. Wie fir de Mix ass - Gas, Elektresch oder wat soss och ëmmer - ... Adrenalin hunn ech och.

Merci, dass ech de Mëtteg hei kann de Rapport virstelle vun deem véierte Kapitel vun der Verfassungsreform.

Den 29. Juni 2021 hat ech d'Éier, dat sinn also ronn 14 Méint nom Depot vum éischte Revisiounsdeel, am Numm vun der Institutiounskommissioun an als zoustänneg Korapporteur d'Propositoun vun de Kapitele IV a Vbis vun eiser aktueller Verfassung ze deposéieren.

Et handelt sech bei dëser PPR, wéi mer dat ëmmer schreiwen hei, mat der schéiner Nummer 7777 ëm de véierten a leschte Block vun de Verfassungsrevisionen, déi aus der 2018 geschelterter Revisiounspropos 6030 ervirgaange sinn, mat deem mer elo déi zwee nach verbleiwend Verfassungskapitel iwwert d'Chamber, also eis selwer, iwwert de Staatsrot moderniséieren.

Haut de Mëtten hunn ech ebenfals d'Éier an och d'Freed, lech dann e méndleche Rapport zu deem Projet d'äerfen ze maachen. Den Debat vun haut de Mëtten an den uschlëssenden éischte constitutionnellé Vott sinn de virleefegen Aboutissement vun enger immens komplexer an och enger laanger Prozedur mat villen Amendementer an Textvarianten, mat ganz villen Avisen a mat e puer honnert Kommissiounssätzungen a mat ganz villen Intervenanten, vun deenen der méttlerweil scho vill net méi Deputéiert sinn. Deene sief vun hei aus am Numm vun der jëtzege Kommissioun en décke Merci gesot.

Dofir wëll ech am Kader vun dësem leschte Rapport och nach eng Kéier op de generellen Historique agoen. D'Verfassung ass de Grondtext vun eiser Lëtzebuurger parlamentarescher Monarchie an definéiert d'Orga-

nisatioun vun eise Staat, d'demokratescht Zesummespill vun eisen Institutionen an d'Grondreegele vum gesellschaftlechen Zesummeliewen.

Eis Lëtzebuurger Verfassung huet ewell méttlerweil iwwer 150 Joer um Bockel - eng al Damm! - a staamt deemno nach aus der Zäit vun den Dampmaschinnen. Eenzel Artikelen si souguer nach e Krack méi al. Dofir huet se am Laf vun de Joren och méi wéi eng Kéier misse geännert ginn, bis haut tatsächlech schonn e puer Dose Mol, an deelweis an der Urgence, d'Hallschent dovun eleng an deene leschten 30 Joer.

All dës Verfassungsännerunge si vun der Chamber ouni Referendum iwwert den Text guttgeheescht ginn. Allerdéngs gouf et zwee Referenden zu prezise Froen mat Verfassungsbezug, déi éischte Kéier am Joer 1919, allerdéngs net zum Opmaache vum Walrecht fir all Lëtzebuurger Bierger, a speziell fir d'Fraen, dat deemools decidéiert gouf, mee zu engem Entweder-Oder-Questionnaire zum Thema „Republik oder Monarchie“ an zum Choix tëschent engem



Den Här Charles Margue (déi gréng), Rapporteur

Wirtschaftsbündnis mat Frankräich a mat der Belsch.

Zu deem zweete Referendum kouw et dunn net grad 100 Joer méi spët, am Joer 2015, an zwar explizit als Biergerbefragung am Kader vun den aktuelle Revisiounsarבעchten zu Froen - ech widderhuelen nach eng Kéier, wat deemools gefrot gi war -, wou et tëscht verschidde Parteien et eebe kee Konsens gouf. Et war awer keen Entweder-Oder-Questionnaire, mee et waren dräimol „jo oder nee“-Froen: zum Awunnerwalrecht, och nach genannt „Ausländerwalrecht“, zum Walrecht ab 16 Joer an zur Mandatsbegrenzung fir Ministeren.

Am Kader vun de laangjärege Reformarבעchten sinn d'Biergerinnen an d'Bierger awer och nach iwwer zwee Biergerfore mat 60 Leit an iwwert d'Web-säit „ärvirschléi.lu“ agebonne ginn, wou genee 139 Biergerproposen agereecht goufen, wouvunner sech der bekanntlech eng Rëtsch an den aktuelle Reformtexter erëmfannen, och an deem vun de Mëtten. Et kann ee sécherlech argumentéieren, datt et a puncto Bedeelegung nach Sputt no uewe gouf, mee trotzdeem war dee grad beschriwwene Prozess vu Biergerforen a vu Proposen iwwert d'Web-säit e groussen Novum fir Lëtzebuerg.

Déi aner dräi Rapporteren hatten et an hire Riede scho gesot: D'Originne vun dësem Reformprozess leie schonn iwwer 15 Joer zréck. Et ass ugaange mat der Feststellung, dass déi deemoleg Praxis vun den ëmmer

méi heefeg punktuell Verfassungsännerungen un hir Limite géif stoussen, dass se och net terribel gutt fir d'Kohärenz an d'Lieserlechkeet vun eiser Verfassung wär an dass et un der Zäit wär, déi ganz Verfassung eng Kéier op de Leescht ze huelen an ze moderniséieren.

No véier Joer Aarbechten an der Kommissioun ass dunn 2009 eng éischt Proposition de révision ervirgaange mat der bekannter Nummer 6030, un där duerno kontinuierlech weidergeschafft gouf an där hiren Objet an och d'Ziel vun de betroffenen Artikelen ëmmer méi grouss a méi laang goufen. Esou war zum Beispill d'Verfassungskapitel zum Staatsrot an der urspringlecher Proposition vun 2009 nach guer net viséiert an ass eréischt méi spët derbäikomm.

Déi generell Revisioun vun der Verfassung, déi 2009 mat der Proposition 6030 an d'Weeër geleet gouf, hat follgend Ziler: den Text vun 1868 duerch eng nei Verfassung ofzeléisen, dobäi d'Sprooch vum Text ze moderniséieren, d'Texten un d'Realitéte vun eiser Gesellschaft an dem

Propos 6030 iwwerholl, mee e puer ganz wichteg Elementer ënnerscheede sech och wéi zum Beispill d'Dispositiounen zur Stärkung vun der Chamber, déi mer zanter 2019 weider ausgebaut hunn.

Ech wäert elo eng Kéier duerch all d'Artikelen goen, mee awer nëmmen op déi jeeweileg wichtegst Elementer agoen. All déi aner Ännerungen an Erklärungen fannt Dir am schréftleche Rapport.

Wat d'Ännerungen am Kapitel IV ugeet, ass d'Stärkung vun der Institutioun Chamber ouni Zweifel den zentralen, de rekurrente Punkt.

Mam éischten Artikel am 7777 ergänze mer den aktuellen Artikel 50 vun der Verfassung ëm d'Hauptmissiounen vun eise monocamerale Parlament, nämlech d'Ausübe vum Pouvoir législatif an d'Kontroll vun der Regierungsarbeits. De Staatsrot huet eis dorop higewisen: „Setzt dat direkt vir an déi Sektoun!“, also dat, wat mer gewinnt sinn ze maachen all Dag hei, wat mer de Moie scho gutt gemaach hunn: d'Gesetzer ze

elo zréck a si gëtt iwwer e Spezialgesetz definéiert, mat enger Zwee-Drëttel-Majoritéit. Esou gëtt och zum Beispill e spéiert Aféiere vun Anticumulbestëmmungen tëscht dem Deputéiertemandat a kommunale Funktiounen méi einfach. D'Onvereinbarkeet vum Regierungsmitglied a vum Staatsratsmitglied hu mer kloer ageschriwwen. Déi d'äerfen net Member an dësem héijen Haus sinn.

Mam Artikel 55 ginn direkt eng ganz Rei wichteg Neierungen an der Verfassung festgeschriwwen, a si gefalen net ëmmer jiddwerengem.

Et ass net méi de Grand-Duc oder säi Vertrieeder, deen all Chambersessioun muss opmaachen an zoumaachen, an d'Sessioun gi komplett ofgeschafft. Do ware mer eis eens - jiddereen, och dobaussen.

D'Chamber constituéiert sech an Zukunft ëmmer den drëtt Dënschdeg no de Waleen a schafft dann onënnerbrach bis zu senger Oflesung no der nächster Wal. E Vide parlementaire, wéi mer e kannt hunn, gëtt also esou verënnert.

D'Deputéiert sinn och net méi gläichzäiteg fir d'Validatioun vun de Waleen an d'Reklamatiounen géint dës zoustänneg. All Recours leeft an Zukunft iwwert d'Verfassungsgericht.

An zu gudder Lescht gëtt dann och den Eed vun den Deputéierten ofgeännert. Nei Deputéiert mussen net méi Fidelitéit op de Grand-Duc schwieren, mee dass se hir Funktioun mat Integritéit, Exactitude an Impartialitéit ausüben.

Den Artikel 56 - an ech huelen un, dass meng Nofolger a Korapporteren och nach drop wäerten agoen - stäerkt d'Onofhängegkeet vun der Chamber vis-à-vis vun der Regierung an d'Portée juridique vum Chambersreglement gëtt erweidert, andeems d'Chamber explizit d'Recht kritt, seng Organisation matérielle et financière, y compris de Personalstatut, ze reegele.

Mam aktuellen Artikel 74 huet de Grand-Duc d'Recht, d'Chamber opzeléisen a bannent dräi Méint Neiwaleen ze organiséieren. Dat ass déi aktuell Situatioun. Dësen Dissolutionspouvoir gëtt elo mam Artikel 61 ofgeschafft. Virgezunn Neiwaleen dierf de Staatschef just nach fixéieren, wann d'Chamber der Regierung per Motioun d'Mësstrauen ausgedréckt huet oder d'Vertraue refuséiert huet, an am Fall vun enger Regierungsdemission, mam Accord vun der Chamber. Dat ass och eng Geleeënheet, fir Neiwaleen auszeruffen.

An da komme mer bei deenen neien Artikel 63. Dësen Artikel ass de Corollaire zum Artikel 50 mat de Missiounen vun der Chamber. Do kréie mer elo eng Rëtsch Moyene prezisiéiert, déi d'Chamber zur Verfügung huet, fir hiren Aufgaben nozekommen. Wéi bis elo kënne mer verlaangen, dass een oder méi Regierungsmemberen an d'Chamber kommen. Nei am Text ass d'Prezisioun, dass si d'Regierung kann interpelléieren a parlamentaresch Froen stellen an d'Regierung do-robber äntwerte muss. D'Chamber kritt en allgemengt Recht op Informatioun. Si ka vun der Regierung all Dokumenter an Informatiounen verlaangen, déi fir hir Aarbecht noutwendeg sinn. An déi klassesch parlamentaresch Instrumenter vun der Motion de confiance et de censure kréien iwwert dësen Artikel eng Base légale.

Den aktuellen Artikel 47 zur Gesetzesprozedur hält nach dru fest, dass de Grand-Duc der

Fonctionnement vun den Institutionen unzepassen an eng Partie wichteg Detailer, déi just a Gesetzer fixéiert waren, och an d'Verfassung ze schreiwen.

Nom Echec vun 2018 huet den Auswee, deen tëscht de véier gréisste Fraktiounen fonnt gouf, doranner bestanen, déi aktuell Verfassung net méi ganz ze ersetzen, mee se an e puer Etappen ze moderniséieren. De 6030 gouf dofir duerch véier Deelrevisiounen ersat, wouvunner déi dräi éischt jo schonn den éischte Vott an der Pleniéer hannert sech hunn.

Mir hunn ëmmer derfir gesuergt, dass mer och Nimm an Nummeren hätten, déi ee kéint verhalen: Et war de 7575 zum Justizkapitel mam Léon Gloden als Rapporteur, et war de 7700 zur Staatsorganisatioun, Monarchie, Regierung, Relioun an zu de Gemenge mam Mars Di Bartolomeo als Rapporteur, de 7755 zu de Rechter a Fräiheet mam Simone Beissel als Rapporteuse an dann eeben elo de 7777 vun haut de Mëtten, wou et ëm d'Dispositiounen zur Chamber, zu de Waleen, zur Gesetzesprozedur an zum Staatsrot geet.

Och bei dësem véierte wichtige Verfassungsblock hu mer et an der Institutiounskommissioun faerdegruecht, e staarken a bal unanimité Konsens op dëser Revisioun ze fannen.

Par rapport zur aktueller Verfassung proposéiert dësen Text zimmlech vill Ännerungen a be-  
trëfft schlussendlech quasi all d'Artikelen. Déi meeschten Ännerungen goufen aus der fréierer

maachen an d'Aarbecht vun der Regierung ze kontrolléieren. Mir sinn hei den éischte Pouvoir.

Am Artikel 51, wou et ëm d'Wale geet, prezisiéiere mer zwee Elementer, déi bis elo just am Walgesetz stoungen, nämlech dass d'Waleen obligatoresch sinn an dass d'Wal respektiv de Choix vun de Wieler geheim ass. Et war virun e puer Joren och net evident, dass mer dat drageschriwwen hunn, mee vu déi Zäiten, an deene mer liewen, ware mer eis séier eens, dass dat do e wichtige Punkt wär.

Un de Walbezierker, dem Walsystem, der Zuel vun den Deputéierten, der Mandatsdauer vu fënnef Joer an esou weider gëtt, en absence vun engem Konsens tëscht de Parteien, zu dësem Zäitpunkt näischt geännert, net gefréckelt. Do bleift alles beim Alen.

Am aktuellen Artikel 52 gëtt opgrond vun der Decisioun vun de Bierger beim Referendum vun 2015 weeder eppes um Mindestwalalter nach un der Nationalitéitklausel geännert. Weeder um Mindestalter nach un der Nationalitéitklausel gëtt gefréckelt! Et muss een als Wieler Lëtzebuurger sinn a mindestens 18 Joer hunn. Als Wieler fir dës Chamber muss een also, ech widderhuelen et, mindestens 18 Joer hunn a Lëtzebuurger sinn.

Den aktuellen Artikel 54 prezisiéiert momentan eng länger Lëscht vu Funktiounen - eng länger Lëscht, wéi gesot -, déi net mam Deputéiertemandat kompatibel sinn. Déi Lëscht aus dem Artikel vun haut zéie mer



Chamber Gesetzesprojeten iwwermëttelt an dass d'Chamber och d'Recht huet, dem Grand-Duc Gesetzesprojeten ze proposéieren. Bis ewell ass et esou. Net d'Chamber, mee de Grand-Duc steet eiseem vereelzten Text no nach am Zentrum vum gesetzgeebereche Prozess. Et ass ee vu villen Artikelen, wou et méi wéi iwwerfällg ass, dass den Text un déi demokratesch Praxis vum 20. a mëttlerweil 21. Joerhonnert ugepasst gëtt.

Dat gëtt elo mam Artikel 64 an deem Sënn geännert, datt net méi de Grand-Duc, mee d'Regierung Projets de loi deposéiert.

An den Artikel 65 prezisiéiert elo, datt all einzelnen Deputéierten d'Recht huet, eng Proposition de loi ze deposéieren, en zentralt Recht, wat bis elo awer just am Chambersreglement fixéiert war an do mat einfacher Majoritéit hätt kennen ageschränkt ginn.

An där selwechter Logik gëtt elo festgeluecht, dass d'Chamber net just dem Grand-Duc hir Zoustëmmung zu Gesetzer muss ginn, wéi et nach am aktuellen Artikel 46 steet, mee datt si de Législateur ass, deem d'Gesetzer mécht.

An da komme mer zu engem ganz neien Instrument vu Biergerbedeelegung, dat een op Lëtzebuergesch als „Biergergesetz“ kéint betitelen. Am Artikel 67 kréien d'Biergerinnen an d'Bierger an Zukunft selwer en Droit d'initiative législative, dat heescht d'Méiglechkeet, der Chamber eege Gesetzesproposen ze ënnerbreeden.

Dës Iddi geet op de Regierungsprogramm vum 1999 zrëck an huet sech an der éischter Versioun vum 6030 erëmfonnt. Op Basis vun de Proposen, déi 2016 iwwert d'Websäit „ärVirschléi.lu“ erakommen, gouf dës innovatiivt Biergerbedeelegungsinstrument awer nach eng Kéier iwwerduecht a liicht anescht opgebaut.

E Grupp vun 125 Wielerinnen a Wieler kann esou eng Propos ausschaffen a se mat enger Ennerstëtzung vu mindestens 12.500 Wielerinnen a Wieler der Chamber ënnerbreeden. Wann d'Chamber dës Gesetzespropos vun de Bierger da validéiert, suivéiert se ab do déi normal legislativ Prozedur vun all de Gesetzer, wéi mer se heibanne gewinnt sinn.

Den Artikel 51 gesäit vir, datt d'Wielerinnen an d'Wieler kënnen per Referendum consultéiert ginn an e Gesetz d'Detailer dozou reegelt. Och dës Disposition gëtt mam Artikel 68 am Sënn vu méi Flexibilitéit an enger méi einfacher a méi breeder Biergerbedeelegung ofgeännert.

Wéi scho gesot bleift d'Walrecht bei de Chamberwale weider exklusiv de Lëtzebuergער iwwer 18 Joer virbehale. D'Instrument vum consultative Referendum soll awer och an Zukunft kënnen méi flexibel genotzt ginn, fir jee no Frostellung zum Beispill och Netlëtzebuergער kënnen ze befragen, ze consultéieren. Dofir erlaabt den neien Text et der Chamber, fräi kënnen ze decidéieren, wéi mam jeeweilege Referendum soll consultéiert ginn.

E weidert wichtegt Instrument vun der Chamber, fir d'Aarbecht vun der Regierung ze kontrolléieren, ass d'Commission d'enquête. Momentan ass fir de Lancement vun esou enger Commission eng Majoritéit vun Deputéierten néideg. Mam neien Artikel 69 setze mer dës Seuil op een Drëttel erof. Dat heescht, schonns eng Minoritéit

vun 20 Deputéierten heibanne wäert an Zukunft esou eng Untersuchungskommission existéieren kënnen.

Parallél zum Ausschaffe vun dëser Proposition de révision si mir eis an der Commission och schonns iwwer weider Detailer zu dëser Prozedur eens ginn, déi zäitgläich mam Akraafttriede vun de Verfassungsännerungen ebenfalls hir Applikation fannen, iwwregens, genee wéi och bei der Prozedur zu de Biergergesetzer an zu der prozeduraler Emsetzung vun de Motions de confiance et de censure.

An zu gudder Lescht gëtt och déi wichteg an nach relativ nei Institution vum Ombudsman mam Artikel 71 am Kapitel vun der Chamber verankert; wat ebenfalls am Sënn vun de Bierger a Biergerinnen ass. Domadder huet deem eng stabil verfassungsrechtlech Assise a kann net méi duerch simpel Majoritéitsdecisiounen ofgeschaaft ginn oder a Fro gestallt ginn.

An da komme mer bei dat aktuell Kapitel Vbis zum Staatsrot.

An der aktueller Verfassung handelt et sech hei ëm e Kapitel mat just engem eenzegem Artikel, dem 83bis, an dat als „bis“-Kapitel, dat an deem vun der Regierung drunhänkt.

Mam neien Text gëtt de Staatsrot elo souwuel um Fong wéi op der Form méi eegestänneg an eng Rei Detailer zur Mission, zur Organisation an zum Fonctionnement, déi bis elo just am Gesetz stinn, ginn an der Verfassung verankert.

Wichteg ze betounen ass hei den Novum fir eis alleguerten heibannen, dass d'Chamber elo méi en direkten Accès op d'Expertise vum Staatsrot kritt an elo, geneesou wéi d'Regierung, dem Staatsrot, nieft der normaler Gesetzesprozedur, nach aner juristisch Froe ka stellen. Momentan dierf d'Chamber dat nach net, respektiv just mam Accord vun der Regierung.

### 3. DÉPÔT D'UNE PROPOSITION DE LOI PAR M. CHARLES MARGUE

Här President, ech hunn dann och am Numm vun deene véier Korapportere vun der Verfassung d'Eier, lech eng nei Proposition de loi, wou déi dote Modifikatioun vum Staatsrot dra festgehele ginn, ze iwwerreechen.

#### 8046 - Proposition de loi modifiant la loi du 16 juin 2017 sur l'organisation du Conseil d'État

**M. Fernand Etgen, Président.-** Merci, Här Margue.

#### 4.7777 - PROPOSITION DE RÉVISION DES CHAPITRES IV ET VBIS DE LA CONSTITUTION (SUITE)

#### RAPPORT DE LA COMMISSION DES INSTITUTIONS ET DE LA RÉVISION CONSTITUTIONNELLE (SUITE)

**M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur.-** An der Proposition, esou wéi se deposéiert gouf, huet de Staatsrot zwar nach seng „bis“-Numerotatioun, mee mat den zwee leschten Artikelen vun der Proposition 7777 operéiere mer eng propper Renumerotatioun vum ganze Verfassungstext, net just vun de Kapitele IV a Vbis. No dëser Renumerotatioun gëtt dann aus dem aktuelle Kapitel Vbis d'Kapitel VI mat den Artikelen 95 a 96.

Iwwregens ass an der Annex vum Rapport vum 7777 den Text coordonné vun der kompletter moderniséierter Verfassung ze fannen, esou wéi déi véier Re-

formbléck se ofgeännert hunn a se an Zukunft da wäert a Kraaft trieden. Elo kennt Der lech also e Bild maachen, wat et heescht, eng nei lieserlech Verfassung ze schafen.

E puer Wuert zu den Avisen.

Déi meescht Avisen vun haut ware schonns fir de 6030 geschriwwen ginn, aleng fënnf Avisen vum Staatsrot. Ech gräfen elo just e puer Punkten eraus, déi mer fir den Text vun haut zousätzlech kruten.

A sengem Avis vum 16. Juli 2021 dréckt de Staatsrot seng Reserven aus zum Artikel 56, wouriwwer mer nach herno warscheinlech kënnen driwwer debattéieren, wou et notament ëm d'Organisation an d'Attributiounen vun der Chamber geet an ëm d'Portée vum Chambersreglement.

Erlaabt mer ze soen, dass mir eist Reglement heibanne wann néideg upassen no Diskussiounen an der betreffender Chamberskommission a mer et duerno hei am Plenum majoritär unhuelen, esou wéi mer dat och fir Gesetzesprojeten, Propositionen en toute transparence maachen. Ech soen a widderhuelen an ënnersträichen: Mir maachen näischt „im stillen Kämmerlein“! Eist Chambersreglement gëtt wéi all anere Gesetzesprojet hei en toute transparence debattéiert, virbereet an et gëtt ëffentlech driwwer ofgestëmmt.

An deem Avis ënnerstëtzt de Staatsrot ausdrécklech awer och d'Wichtegkeet vun der Kontrollfunktion vun der Chamber, wat d'Aarbecht vun der Regierung ugeet, a réit derzou, ech hunn et scho gesot, déi zwou zentral Missionen vun der Chamber - Gesetzer ze maachen an d'Regierung ze kontrolléieren - ganz vir an d'Sektioun ze setzen.

A sengem Avis complémentaire vum 26. Abrëll 2022 huet de Staatsrot recommandéiert, am 7777 d'Renumerotatioun ze maachen. Mir hu brav gefollegt a mir hunn et gemaach. D'Iddi war eng gutt a mir hunn deem Folleg geleescht.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics: Och vun hinne gëtt et Reserven an hirem Avis vum 7. Oktober d'lescht Joer zur Organisation vun der Chamber via hirt Reglement. Dës Kummer mécht weider Iwwerleeungen iwwert d'Inkompatibilitéit tëscht dem Deputéiertmandat a verschiddenen aneren ëffentlechen a politesche Funktiounen. Deen Avis solle mer consideréieren am Kader vun den Diskussiounen zu deem betreffende Gesetz, wat dann ufält opgrond vun deem, wat mer haut verabschieden.

Och d'Chambre des Salariés dréckt sech an hirem Avis vum 1. Oktober 2021 (veuillez lire: vum 19. Oktober 2021) éischter reservéiert zum 7777 aus, awer d'Chambre des Métiers begréisst d'Modernisatioun vun der Verfassung, wou et, wéi si seet, dréms geet, eng nei Visioun ze hu fir e modernen an demokratesche Staat.

E weideren Avis krute mer den 12. Oktober 2021 vun der ASTI. Déi begréisst ausdrécklech d'Afféierung vum Droit d'initiative législative citoyenne an dass bei engem méigleche Referendum via Gesetz sämtlech Awunner hei zu Lëtzebuerg kënnen befrot ginn.

Deen een oder anere vun de Korapporteren, wéi gesot, wäert nach weider Iwwerleeungen haut de Mëtteg zu den einzelnen Avisen maachen. An den Detail dovun fannt Der a mengem Rapport respektiv an den Documents parlementaires.

D'Positionen vun der Regierung ass och a mengem schrëftleche Rapport ze fannen a wäert jo herno nach vun engem Vertrieeder vun der Regierung duergeluecht ginn.

D'Regierung seet am Ufank vun hirer Prise de position, dass de Constituant - wat mir sinn - natierlech souverain ass. D'Regierung dréckt awer och hir Reserven aus iwwert d'Organisation vun der Chamber, deem ominéisen Artikel 56, a si dréckt hir Reserven aus iwwert d'Modalitéiten vun der Kontrollmission, déi den éischte Pouvoir kritt duerch déi haiteg Verfassungsrevisioun.

E puer Wuert zum Verlaf vun eisen Diskussiounen an der Kommission.

Zousätzlech zum eigentlechen Text, dee virläit, hu mer eis geeneegt op d'Gesetzesproposen zum Ombudsman, zur Enquêtekommission, zur Initiative citoyenne, zum Staatsrot - déi ech elo grad agereecht hunn - an zur Modifikatioun vum Chambersreglement iwwert d'Verauensan d'Mësstrauensmotiounen.

Mir hunn dowéinst eng Rei Jointe-Sitzunge mat der Reglementskommission gehat. All dës Diskussiounen hunn nämlech missen ofgeschloss ginn, ier mer zum Vott vun haut konnte kommen, well mer ofgemaach hate, dass mer op all deene Froen e politeschen Accord misste fannen. Soss kéint mer iwwert dat heite Kapitel haut net ofstëmmen. Dat hu mer erreecht an deenen Diskussiounen.

Wéi gesot hu mer gutt zesumme geschafft an engem gudde Klima, an engem positive Geescht a mir hunn eng breet, mee net unanime Zoustëmmung zu deem Text vun haut, dee virläit, erreecht.

Loosst eis awer och ervirhiewen, dass mer während dëser Zäit d'Proposition vun déi Lénk fir eng nei Verfassung um Ordre du jour haten an diskutéiert hunn. De Rapport dovunner kennt geschwënn an d'Kommission, dovun ginn ech emol aus. Deene Lénken hir Gesamtpropos fir eng nei Verfassung gouf an der Kommission vun alle Bänke gelueft, wat d'Aarbecht ugeet, déi do drastécht, a wat den intellektuellen a politeschen Exercice betrëfft, fir eng ganz aner Verfassung fir eist Land unzedenken.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, fir unzefänken, dës Rapport oder meng Ried ofzeschleissen, muss ech awer nach e puer ganz déck Mercie lassginn, speziell dem Carole Closener, Sekretärin vun der Kommission, mat verantwortlech fir d'Koordinatioun vun den Aarbechten an der Redaktion vum Text, dem Dan Michels, Mataarbechter vun der grénger Fraktioun, eng lieweg Memoire vun der ganzer Verfassungsreform zënter laange Joren.

E grouse Merci och de Mataarbechter aus dem Staatsministère an aus der Chamber, besonnesch der Reglementskommission an der Cellule scientifique, fir d'Zouschaffan, fir de Copilotage an d'Koordinatioun vun dësem Chantier. Et war net ëmmer evident, d'Iwwersiicht ze behale vun dësem gesetzgeeberechen Herkulesakt.

Merci och dem President an de Kolleg/innen aus der Kommission a speziell och deenen aneren dräi Korapportere fir déi gutt a fair Zesummenaarbecht, och fir déi flott an interessant Diskussiounen an Ausernanersetzungen.

„Haut ass e gudden Dag fir eis Institutionen hei am Land, e

gudden Dag, wou mer eise Staat a speziell eise Rechtsstaat op méi stabil Feiss stellen.“

(Interruption)

Dës ware meng Ufankswierder hei op der Tribün, wéi mer iwwert de 7575 zum Justizkapitel diskutéiert hunn. A genee wéi fir déi zwee Voleten duerno ass och haut e weidere gudden Dag fir eis Institutionen, eise Rechtsstaat an eis Demokratie, well mer hinne mat dësem véierten a leschte Volet vun der Verfassungsrevisioun eng modern, nach méi stabil a virun allem och méi eng propper a kohärent Basis ginn. Direkt siichtbar gëtt dat duerch déi Renumerotatioun. Ech verweisen do op d'Annex.

Mat alle Punkten, déi ech och elo erausgegraff hunn, ass och kloer, dass den Usproch, deem initial do war - 6030 -, an deem mer duerno, wéi mer frësch ugefaangen hunn ..., och erfüllt gouf, nämlech: d'Upassung vum Text un d'Praxis, d'Afféierung vu klore Reegelen, wéi d'Institutionen mateneen, awer onofhängeg funktionéieren, an am géigesäiteg Respekt; d'Ofschaffe vu Grozone beim Exercice des pouvoirs war och en Zil. Do hu mer och, mengen ech, gutt geschafft.

Nodeems de Grand-Duché no senger Kreatioun am Joer 1815 bannent 50 Joer sechs oder siwe verschidde Verfassungsregimenter kannt huet, huet déi Verfassung vum 1868 awer exceptionnel laang gehalen, och wa se mëttlerweil iwwer 30 Mol geännert gouf.

Mat dem Ofschloss vun dësem véierten a leschte Revisiounsblock ass dofir och d'Hoffnung verbonnen, dass eis Verfassung elo, wou se eng Kéier ganz iwwerschaft ass, endlech nees a méi roueg Gewässer kënnt an net méi quasi am Joresrhythmus muss geännert ginn.

Ganz ouni Ännerung wäert et sécherlech och an Zukunft net goen, mee et ass awer elo wichtig, dass nees Rou hei an den Dossier kënnt. Verfassungsännerungen sinn näischt Banales a si sollten och net zur Routine ginn.

Natierlech gëtt déi gréng Fraktioun hir Zoustëmmung zu dësem Text. Erlaabt mer zum Schluss vläicht e Vive: vive d'Stärkung vun der Demokratie! Vive d'Stärkung vun der Chamber, déi mer mat dësem Text verwirklechen!

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.-** Merci villmools dem Här Rapporteur Charles Margue.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

#### DISCUSSION GÉNÉRALE

**M. Léon Gloden (CSV).-** Merci, Här President. Erlaabt mer, fir d'éischt dem Rapporteur, dem Charles Margue, Merci ze soe fir säi schrëftlechen a säi mündleche Rapport. E war souzeseen de Benjamin an eiser Ekipp a wéi en ugefaangen huet, war en nach e bësse gréng hannert den Oueren. En huet sech awer schnell an d'Theema ageschafft. An ech mengen, Charel, ech därfer dat soen: Däi Papp, dee wär haut besonnesch stolz op dech!

Léif Leit, léif Kolleginnen a Kollegen, no 13 Joer, mat deem véierte Vott, kënnt d'Schëff Verfassung esou lues awer sécher am Hafe vu Lëtzebuerg un. Den



Anker ass gehäit, mee de Motor vum Schëff Lëtzebuerg ass nach net duerch d'ganz Revisioun, well d'Kapitele mussen nach duerch en zweete Vott bestätegt ginn, respektiv besteet jo d'Méiglechkeet, op dësem Kapitel, datt nach kéint e Referendum kommen.

Här President, mat dësem Kapitel geet et besonnesch ëm eis, ëm d'Chamber. Ouni Demokratie séize mir als Volleksvertreieder net hei an der Chamber a géifen net iwwer eng Verfassung ofstëmmen. Demokratie, Parlament a Verfassung, dat ass de mageschen Dräieck vum Haus Lëtzebuerg.

Den Ursprong vun enger representativer Demokratie geet op 508 viru Christus zu Athen zrëck. Deemools wor et en héije Fonctionnaire, de Kleisthenes, deen duerchbruecht huet, datt d'Muecht vum Vollek sollt ausgoen. Mir eenzel Deputéiert si just gewielt fir fënnef Joer, mee d'Chamber, d'Institution Chamber ass den demokratesche Sockel vum dem Haus Lëtzebuerg.

D'politesch Parteie spillen an deem Kontext eng ganz wichteg Roll. An ech hunn et scho méi wéi eemol op dësem Riednerpult gesot: D'politesch Parteie si Créateurs d'idées politiques. Et ass do, wou de politeschen Debat animéiert gëtt, encouragéiert gëtt a wou och, niewent anere Foren, d'politesch Ausernanerzung stattfënn.

D'Chamber, Här President, huet et och ëmmer fäerdegbruecht, mat der Zäit ze goen, ouni all Modernismus hannendrunzelafen. Mee déi grouss Erausforderungen an d'Entwécklung vun

rungsmemberen ze froen, datt déi heihinner Ried an Äntwert stoe kommen; mir kënnen Froen un d'Regierung stellen; mir kënnen Interpellatiounen maachen an, ganz wichteg, mir kënnen Dokumenter an Informatiounen froen. An dat ass souzesoen, entre guillemets, ee vun eisen haaptsächlechen Outils de travail. An do hunn eis Geriichter an de leschte Joren duerch hir Rechtssprechung ënnerstëtzt.

Et war och dat Kapitel, wou vläicht déi meeschten Diskussiounen tëschent Regierung a Chamber waren, well natierlech wollt d'Regierung der Chamber den Terrain net esou aleng iwerloossen. Mee mir als Constituant hunn eis awer op deene Punkten duerchgesat, fir eeben d'Institution Chamber par rapport zu der Regierung ze stäerken.

An doduerch musse mer eis och intern hei déi néideg Moyene ginn. An duerfir begreissen ech déi Cellule scientifique, déi säit Méint hei schafft, fir eis als Deputéierten ze ënnerstëtzen. Mir mussen eis eis eege Meenung kënnen bilden opgrond vun Dokumenter, Recherchen, Informatiounen, déi mer eeben net vun der Regierung kréien, mee déi mer eis selwer zesummendroen, fir eis eis eege Meenung ze maachen. Dat ass e weesentleche Schrëtt hin zu der Emanzipatioun och vun der Chamber.

Mir kënnen als eenzel Deputéiert och Propositions de loi deponéieren. Och do hu mer Prezisiounen an d'Verfassung ageschriwwen. Opgrond vun der Verfassungsännerung ass et och kloer, datt d'Institution Chamber net soll eng „caisse enregistreuse“ vun der Regie-

ze luewen, muss ech en awer direkt ...

(Interruption)

... erëm enttäuschen. Ech wëll awer och nach eng Kéier ganz kloer op dëser Plaz soen - an do gëtt et kee Millimeter Sputt fir eng aner Interpretatioun -: Et kënnen just Lëtzebuerger d'Deputéiert vun dësem Haus wielen. Alles anescht ass net richtig, den Text gëtt dat net hier. Den Text gëtt just hier, datt Lëtzebuerger a Lëtzebuergerinnen d'Chamber kënnen wielen.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**Une voix.-** Ganz richtig!

(Brouhaha)

**M. Léon Gloden (CSV).-** Dann hunn ech och gelies, datt bedauert gëtt, oder souguer kritiséiert gëtt, datt den Eed net méi op de Grand-Duc ofgeluecht gëtt. Do wëll ech och de Leit do-bausse soen: Mir leeën den Eed op d'Verfassung of ...

**Une voix.-** Ganz richtig!

**M. Léon Gloden (CSV).-** ... an an der Verfassung steet de Grand-Duc!

**Une voix.-** Jo, genau!

**M. Léon Gloden (CSV).-** Mir leeën den Eed op déi gesamt Verfassung of, dat heescht, souwuel op de Grand-Duc wéi op all déi Prinzippien, déi an der Verfassung stinn.

**Une voix.-** Ganz gutt!

**M. Léon Gloden (CSV).-** Dann, en anere wichtige Outil de travail an eppes, wat och eng

wéi elo zum Beispill eng vun de rezentsten a bekanntsten iwwert d'Iwwerschwemmungen.

Hei, mat deem neien Text, kann eng Majoritéit d'Opposition net méi ofblocken. Well mat deem neien Text kann eng Enquêtekommission agesat ginn, wann 20 Deputéiert derfir stëmmen. Dat heescht zum Beispill, wa mer e bëssen elo an der rezenter Vergaangenheet kucken, d'Demande vun der Opposition fir eng Enquêtekommission iwwert d'SuperDrecksKëscht oder och elo iwwert de Satellitt oder iwwert d'Gaardenhaischen hätt kënnen mat 20 Stëmmen agesat ginn.

(Interruption)

Oder souguer méi! Et hätt och ... Ech wëll awer och soen, datt eng Enquêtekommission kee liichtfankegen Outil de travail ass. An ech mengen, hei am Haus setzen eng Rei Kolleeginnen a Kolleegen, déi méi laang Erfahrung hu wéi ech. Ech hat de Pleséier, an der SREL-Enquêtekommission derbäi gewiescht ze sinn, dat ass extreem vill Aarbecht. Dat ass extreem vill Aarbecht an dat muss och gutt virbereet sinn. An dat benéidegt natierlech och eng ganz Rei vun der Manpower an dësem Haus.

An duerfir hu mer d'Gesetz iwwert d'Enquêtekommissionen och missen iwwerschaffen, fir eeben deenen Erneuerungen do Rechnung ze droen. Enquêtekommissionen kënnen zu politesche Konsequenze féieren, mussen et awer net onbedéngt. Mee den Outil de travail Enquêtekommission ass weesentlech geschéierft gi mat der neier Verfassung an dat ass fir eis als CSV och besonnesch wichteg.

Dann, een anere Punkt, deen och ganz wichteg war - dat war och e ganz wichtige Punkt fir de Virgänger vum Mars Di Bartolomeo, den Här Bodry -, ass, datt mir als Chamber net méi eisen eegene Richter spillen, andeem mer eis eege Wal kontrolléieren. An engem Rechtsstaat ass dat e sensibele Punkt an duerfir hu mer dat och elo an dëser Verfassung geännert: Et sinn net méi mir selwer, d'Chamber, déi eis eege Wal kontrolléieren, mee et ass d'Verfassungsgeriicht, wat d'Wale kontrolléiert.

Et gëtt och Saachen, wou mer keen Accord fonnt hunn - an ech mengen, och dat gehéiert hei op d'Tribün, fir dat ze soen -, zum Beispill de Cumul oder den Anticumul vun de politesche Mandater. Do war keen Accord tëschent de Parteien ze fannen. Ech soen och ganz eierlech - an ech mengen, do gëtt all Partei an all Sensibilité politique, déi hei representéiert ass, mer Recht -: Och innerhalb vun de Parteien ass dat en Diskussiounstheema. Ech si perséinlech der Meenung, datt d'Parteien awer net do-laanscht kommen, am nächste Programm d'nächst Joer kloer Positioun dozou ze huelen.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).-** Dann ...

(Interruption)

En anere wichtige Punkt ass déi berüümt Initiative législative. Dat ass e Modell, eng Prozedur, un där mer eis inspiréiert hunn, an den europäesche Verträge, wou Electeuren - Leit, déi eeben net an der Chamber sinn, mee déi kënnen d'Chamber wielen - kënnen selwer zu engem Sujet eng Proposition de texte eraginn, wa se vun 125 Electeuren ënnerschriwwen ginn ass a vun 12.500 Electeurs supportéiert gëtt.

Dat ass eng weesentlech Neierung. An dat ass och eng Prozedur, déi mir hei zu Lëtzebuerg,

par rapport zu anere Länner, net esou gewinnt sinn. Mir kennen d'Petitiounen zum Beispill, wat jo en Instrument ass, wat vill an Usproch geholl gëtt. Mee hei geet et drëm, datt d'Leit en Text, eng Propos zu engem preize Sujet eraginn, wou si mengen, et wier wichteg, datt deen debattéiert gëtt.

Mee all Virdeel huet och e klengen Desavantage. Den Desavantage ass: Et geet net duer, datt just eng Iddi op de Pabeier kënnt, mee et muss ee wierklech en Text schreiwen, sou wéi mir dat hei an der Chamber gewinnt sinn. Déi Leit, opgrond vun den Dispositionen, déi mer dann elo änneren an eise Gesetzer, am Reglement, kommen dann an d'Chamber, ginn ugehéiert, a vun deem Moment u leeft dann deen Text duerch déi Prozedur, duerch déi normal legislativ Prozedur.

Dann, och eng aner weesentleche Ännerung - an de Rapporteur ass kuerz dorobber agaang - ass d'Méiglechkeet, d'Chamber anticipativ ze wielen. Dat heescht, datt e Mandat vun der Chamber net bis zum Enn geet.

An do sinn ech och net d'accord hei mat der rietser Säit. Ech liesen do, datt de Grand-Duc d'Méiglechkeet ewechgeholl kritt huet, fir eeben d'Chamber opzeléisen. Mee mir sinn net méi an enger Philosophie vun der Opléisung vun der Chamber. An de Charles Margue huet et richtig gesot: Mir kenne keng Sessioune méi, d'Chamber gëtt eng Kéier gewielt an ab deem Moment, wou se hei zesummekënnt, bleibt se am Amt, bis eng nei Chamber gewielt gëtt, entweder zum regulären Zäitpunkt no fënnef Joer, oder, wann dann en Incident de parcours geschitt, virdrun. An duerfir ass et falsch ze behaapten, datt de Grand-Duc d'Méiglechkeet ewechgeholl kritt huet, fir d'Chamber opzeléisen.

(M. Marc Spautz prend la présidence.)

Et ass e Paradigmewiessel an an deem Paradigmewiessel huet de Grand-Duc weider eng grouss Prerogativ, well et ass de Grand-Duc, deen den Datum vun de Wale festsetzt, vun den Neiwahlen, am Fall wou d'Chamber da géif virzäitig opgeléist ginn.

Wéini kann esou eng Chamber opgeléist ginn? Dat ass, wann d'Chamber d'Motion de confiance vun der Regierung rejetéiert oder wa mer eng Motion de censure géife stëmmen.

An dat ass wichteg. Dat ass e ganz wichtige Passage an der neier Verfassung. An, ech hat et deemools gesot an der Ried iwwert d'Justiz, et ass wichteg, datt souguer déi onméiglechst Prozedure virgesi sinn an enger Verfassung, fir datt et kloer ass, wien intervenéiert a wéi d'Prozedur ofleeft.

Ech erënneren nach eng Kéier drun: 2013 wor dat net kloer. Ech erënnere mech, ech gesi mech nach an der zweeter Rei do setzen, wéi dann den deemolege Premier Jean-Claude Juncker gesot huet: „Mir halen elo hei op. Ech rufen d'Regierung zesammen, fir datt Neiwale stattfannen.“

Déi Prozedur war deemools, ass haut nach net an der aktueller Verfassung virgesinn. Och dat ass e wichtige Punkt vun enger Verfassung, a Krisensituatiounen kloer Prozeduren ze hunn. Duerfir sinn ech net d'accord mat der ADR, déi soen seet, datt de Grand-Duc zum Spillball vun der Regierung gëtt!

Dann, och e Punkt, dee wichteg ass, fir datt déi Leit, déi gewielt ginn, hir Aarbecht kënnen maa-



der Gesellschaft huet d'Chamber ëmmer erëm ugeholl an och duerchgesat. Ech erënneren hei just un de Suffrage universel vun 1919.

Zu dësem Kapitel, wou den Här Charel Margue eis an den Detail agefouert huet: E puer Punkte wëllt ech ervirsträichen. Deen éischte Punkt ass: Et ass déi éischte Kéier an dëser Verfassung, datt d'Chamber als éischte Pouvoir tel quel drasteet. Well wat ass d'Mission vun der Chamber? D'Haaptmission vun der Chamber ass, d'Regierung ze kontrolléieren. An dat steet och elo expressis verbis am Text: « La Chambre des Députés représente le pays. Elle exerce le pouvoir législatif. Elle contrôle l'action du Gouvernement ».

Wat sinn d'Moyene vun enger Chamber, fir d'Regierung ze kontrolléieren? Déi sinn och déi éischte Kéier elo am Verfassungstext ageschriwwen, nämlech: D'Presenz vun de Regie-

rung sinn. An der Praxis hu mer dat elo leider hei oft gesinn - 31:29.

(Brouhaha)

Ech wëllt dann och ...

(Interruption par M. Gilles Baum)

Här Baum, reegt lech net op! Reegt lech net op!

(Interruptions)

Ech wëllt, ...

(Interruptions et coups de cloche de la présidence)

... ech wëllt dann och nach eng Kéier ...

**M. Gusty Graas (DP).-** Fréier war et net besser!

**M. Léon Gloden (CSV).-** Och wann den Här Kartheiser elo den Usaz gemaach hat, fir mech

weesentlech Stäerkerung ass vun dëser Verfassung a wou d'CSV och ëmmer dohannert war, dat war, fir d'Enquêtekommissionen ze reforméieren. Bis elo ass et esou, datt eng Enquêtekommission nëmme ka mat enger Majoritéit agesat ginn. D'politesch Spillreegele wëllen dann, wann eng Opposition eng Enquêtekommission freet, datt déi net gestëmmt gëtt. Ausser deemools, ech erënneren drun, bei der d'SREL-Enquêtekommission: Do war souguer d'Majoritéit, déizäit meng Partei, d'accord, datt déi géif agesat ginn!

Zum Beispill an Däitschland ass eng Enquêtekommission e ganz normalen Outil de travail. Ech wëll net soen, en dagdeeglechen Outil de travail, mee wann Der mol eng Kéier op den Internetsite vum Bundestag gitt, gesitt Der, wéi vill Enquêtekommissionen do stattfannen, fir iwwer verschidden Themen ze schwätzen an déi opzeschaffen,



chen, dat ass d'Immunitéit vum Deputéierten. D'Immunitéit vum Deputéierte besteet am Fong aus zwee Punkten. Op där enger Säit ass en irresponsabel fir dat, wat e seet, an op där anerer Säit ka s'äi Statut als Parlementaire net attackéiert ginn. Ech soen awer direkt, och fir d'Leit dobaussen: Wann ech elo falsch parken oder duerch eng rout Luucht fueren, dee Protokoll kréien ech oder déi Punkte kréien ech ofgezunn. Dat heescht elo net, datt ech als Deputéierten de Code de la Route oder soss de Code pénal net bräicht ze respektéieren. Mee am Kader vun der Aarbecht, vun der parlamentarescher Aarbecht, ass et wichteg, datt mer do gestärkt aus der Verfassung erausginn.

An do gesäit een och, wéi déi Aarbechte säit 13 Joer evoluéiert hunn. Well 2009 war dat do kee grouss Thema. Eréischt mat der sougenannter „Affär Gast Gibéryen“, dee jo huet misse virun d'Cour d'appel goen, fir Recht ze kréien, mengen ech, hu mir och hei am Haus realiséiert, wat dat heescht. An ech erënnere un déi Diskussiounen, déi hei gefouert gi sinn: Wann en Deputéierten um Radio schwätzt, ass en da souzesoen immun oder net? An duerfir ass et wichteg, datt mer déi do Punkten och ganz konkret a prezis an d'Verfassung ageschriwwen hunn.

Dann, Här President, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, nach e Wuert zum Staatsrot. De Staatsrot war am Fong bis elo an der aktueller Verfassung mat engem oder knapps zwee Paragraphen benannt. En huet elo e bësse méi kritt: En huet bal eng Säit an der Verfassung kritt. Ech erënnere drun: D'Orinn vum Staatsrot geet op 1856 zrëck. Deemools hat de Grand-Duc en agesat, fir d'Parlament ze kontrolléieren.

A mat dëser Ännerung, an ech weess net, ob jiddweree sech d'äers bewosst ass, maache mer e radikale Paradigmewissel. De Staatsrot ...

(Interruption)

Schwätzt net vu „kopernikanescher Revolution“, well et ass eng Partei, déi dat ëmmer an de Mond hält, a si huet et net fäerdegbruecht, Här Bauler!

(Exclamations et brouhaha)

Et ass e Paradigmewissel an deem Sënn, datt de Staatsrot mat dëser Ännerung keen Organe exclusif méi vun der Regierung gëtt. Mat dëser Ännerung kann och d'Chamber de Staatsrot uruffen, fir en Avis zu engem bestëmmte Sujet ze kréien.

An ech hat deemools eng Proposition de loi deponéiert, wou ech gefrot hat, datt fénné Deputéiert de Staatsrot kéinte saisieren. Déi war deemools net op fruchtbare Buedem gefall, mee si huet awer elo hiren Nidderschlag hei an der Verfassung fonnt. An dofir sinn ech frou, datt mer eis op deem Text konnten eenegen.

Dann, zum Schluss nach: Wéi geet et virun? Ech mengen, de Rapporteur huet dat ganz richtig gesot: Hei ass de Sockel, de Basistext, mee et mussen nach eng ganz Rei Exekutivtexter gestëmmt ginn, sief et Gesetzter oder sief et Modifikatiounen vum Reglement. Mir konnten do e ganz largen Accord hei an der Chamber kréien. Souguer d'Kolleege vun der ADR, vertrueden an der Institutionskommission duerch den Här Reding, hunn all déi Texter mat ënnerschriwwen, soudatt ech dovunner ausginn, datt bei dësem Text da keng Diskussioun wäert stattfannen.

Wéi gesot, ech war och frou an houfreg, hei mat de Kolleegeen a mat der ganzer Ekipp un deenen Texter kënnen ze schaffen. An

ech schlësse mech de Merci vu mengem Virriedner un. Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Marc Spautz, Président de séance.** - Merci dem Här Gloden. Déi nächst ageschriwwen Riednerin ass déi honorabel Madamm Beissel.

**Une voix.** - Très bien!

**Plusieurs voix.** - A!

**M. Marc Spautz, Président de séance.** - Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Beissel (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, virop och mä grouss Merci dem Rapporteur Charel Margue fir säin exzellente schrëftlechen a mëndlechen Rapport.

Fir mech ass haut och erëm eng Kéier en histoireschen Dag, well

nelux, hat u sech als Parlament, dat war eng mini Assemblée, en Embryo, eng Ständerversammlung oder eng Assemblée des États généraux. Déi huet net oft getaagt an déi hat lauter desagreabel Saachen: Si huet just dierfe Steuerrechtsgesetzter a penal Gesetzter maachen an de Budget extraordinaire stëmmen, fir dass de Kinnek-Grand-Duc konnt Geld ausgi fir gréisser Projeten.

Du kuum déi grouss liberal Verfassung vun 1848, déi dee ganze System demokratiséiert huet. Do sinn déi dräi Pouvoiren, Legislatif, Executif a Judiciaire, op d'mannst praktesch agefouert ginn. An doduerch ass d'Chamber natierlech gestärkt ginn.

D'Koinitiativ ass gefouert ginn, well dee Moment, 1848, dat ass e ganz wichtige Moment - an Dir wësst, mir kréien d'nächst Joer eng ganz flott Expositioun doriwwer -, well et ass eng An-

aschätzen, an dat ass praktesch den eenzeg positive Punkt vu senger Herrschaft hei zu Lëtzebuerg -, dat ass, dass en 1856 am Artikel 76, dee sou an deem Libellé nach ganz laang bestanen huet, bis 1989 niewent der Regierung e Conseil agesat huet, eisen haitege Conseil d'État. Awer dat war net innocent, en hat just als Iddi, dat als Géigestück vun der Chamber anzesetzen. Well Dir wësst, hie war zu La Haye an d'Hollänner hunn ëmmer eng zweet Chambre-Sénat an en hat eeben d'Iddi, fir de Staatsrot, de Conseil d'État, als Géigestück, als Brems anzesetzen, fir d'Lëtzebuurger Chamber dann an d'Gitt ze kréien, well déi em net gefollegt huet.

Wéi gesot, däischter Zäit fir d'Lëtzebuurger bis 1867, well do war ganz vill geschitt. An Dir wësst, mir waren hei ëmmer ..., all Mënsch wollt eis besetzen, well mer eeben déi stäerkste Festung praktesch vu ganz Euro-

Hand regéiert. An du war kee Kaméidi méi zwëschen dem Herrscherhaus an dem Parlament an dem Vollek.

Säi Fils, de Wëllem de IV, war hei vun 1907 bis 1912 (veuillez lire: vun 1905). An deem hat - oh là là, Pakt vun Nassau! - nëmme Meedercher als Nokommen. Jo, do hunn d'Lëtzebuurger gesot: „Wat maache mer dann elo? Mir sinn un déi gewinnt.“ A wéi dat dann esou geet, hu si einfach per Dekreet de Pakt vum Haus Nassau ausser Kraaft gesat an do kuum d'Marie-Adelheid 1912 op den Troun, eng léif Prinzessin, awer manifestement net gemaach fir esou eng Funktioun.

Du kumen d'Wirre vum Éischte Weltkrich. Si huet verschidden hefteg Indelicatessé gemaach, well se sech mat Momenter an d'Politik agemëscht huet. Am Dezember 1918 ass den Zollveräin geplatzt, eeben duerch d'Verhale vun den Däitschen. Mir waren total am Stress, eng Regimiskris, mir hu missen en neie Partner fannen. An dunn huet et sech esou zougespéit, well entre-temps hatten d'Aarbechter sech organiséiert, d'Bauere sech organiséiert, do hate mer jo e risegen Opstand hei den 9. Januar 1919. Den 12. Januar (veuillez lire: Dee selwechten Dag) ass hei d'Republik ausgeruff ginn, awer nëmme fir een Dag. D'Deputéiert sinn als Geisel geholl gi vun den Opstännegen an déi si vun der Brigade vun Thionville moies um 01.30 Auer hei befreit ginn. Also mouvementéiert Zäiten. „Sturm um Luxemburgs Thron“, wann lech dat interesséiert.

Du war awer esou eng Stëmmung, dass d'Conseillere vun der Marie-Adelheid gesot hunn: „Madamm, wann Dir elo net direkt ofdankt, da geet et net nëmme ëm Nassau-Weilburg, da geet et ëm d'ganz Monarchie.“ An dunn huet se gefollegt. A schonn zwee Deeg duerno huet hir méi jonk Schwëster, d'Prinzessin Charlotte, akzeptéiert, fir op de Lëtzebuurger Troun ze kommen. An déi war a puncto Charakter ganz deen a-neren Extreem vun hirer eeleren Schwëster, direkt beléift. Dunn hunn d'Woge sech geglätt, glécklecherweis schnell.

Mee d'Regierung Émile Reuter hat awer immens Angscht kritt a gesot: „Jo, wat maache mer dann elo? Monarchie? Republik? Mat wem maache mer en neien ekonomesche Verband? Well mir als Lëtzebuerg sinn net selfsupporting, mir brauchen ëmmer e grouss Partner.“

An du kuum 1919, an et ass scho virdrun hei ugeklungen, eng vun de wichtigste Verfassungsrevisiounen vun eiser ganzer Geschicht, well do sinn d'Jalone gesat gi vun der zukünfteger Staatsform an och vun eiem Handelspartner.

1919 am Mee war d'Verfassungsrevisioun, ech mengen, et war de 15. Mee. Dunn ass alles demokratiséiert ginn, Suffrage universel direct. Bis dato ass hei zu Lëtzebuerg op zwee Stäck gewielt ginn, praktesch wéi elo nach an Amerika. D'Fraewalrecht ass agefouert ginn. De Referendum consultatif ass agefouert ginn, „pour des questions d'intérêt vital“. An am September, den 28. September, den éischte Referendum: eng ganz staark Majoritéit fir d'Monarchie. An den Dag duerno, den 29. September: Union économique mat Frankräich. Dunn hunn déi eis awer „niet“ gesot den 10. Mee 1920. An dunn hu mer eis dann awer „passant outre la volonté du peuple“ mat de Belsch zesummegeet, mat deene mer nach haut an der Union belgo-luxembourgeoise sinn. Déi war am Ufank nëm-



D'Madamm Simone Beissel (DP)

an der Institutionskommission, et ass schonn ugeklungen, hu mer et nees eng Kéier fäerdegbruecht, no laangen Diskussiounen, Iwwerleeungen, Consultatiounen, Reformulatiounen, dem Plenum hei e méi kloren, limpiden a stabillen Text zu dem Votum ze ënnerbreeden, fir zwoou vital Institutionen vun eiem Land, dat heescht eis Chamber an eise Staatsrot, ze moderniséieren an ze completéieren.

Dofir vu menger Säit och schonn, a fir dass ech et net vergiessen, direkt en härezeleche Merci un all déi, déi dat do méiglech gemaach hunn, dass mer deem Text haut konnte preparéieren. Dat sinn alleguete meng Korapporteren, ons Korapporteren, aner Chamberskolleegeen, awer och d'Cellule scientifique an och d'Conseillere vum Staatsministère. Mir hatten eng super Ekipp, fir e gudden Text ze preparéieren, dee sollt optimal ginn.

Elo zu der Chambre des Députés. Et geet hei jo ëm den éischte Pouvoir am Staat, ëm eis selwer, d'Häerzstück vun der parlamentarescher Demokratie. Här President, d'Lëtzebuurger Parlament huet e ganz wäite Wee hanneru sech, ier et zu deem starken Instrument komm ass, iwwert dat mir haut sollen ofstëmmen. An ech erlaube mer, lech elo e Réckbléck ze maachen iwwer ons parlamentaresch Geschicht. Déi huet net manner wéi 181 Joer!

Déi éischt Lëtzebuurger Constitution vum 12. Oktober 1841, déi mer krute vum Wëllem II. vun Oranien-Nassau, Kinnek-Grand-Duc vu Lëtzebuerg, mee och vu praktesch der ganzer Be-

née charnière an eiem ganze System, well parallel zu der Afeierung vun dräi Pouvoiren ass u sech de Kinnek-Grand-Duc entmuecht ginn, well e krut d'politesch Decisiounsgewalt definitiv ewechgeholl.

Mee dat huet natierlech dem Wëllem III., deem 1849 un de Pouvoir komm ass, iwwerhaupt net geschmaacht. Et war him en Dar am A. En huet direkt gesot: „Omniprésence“, „Plénipotence“ vun dem Parlament“. An en huet alles gemaach, fir d'Parlament ze limogéieren.

Wéi en dat op demokrateschem Wee net gelongen ass - et ware Walen 1854 an du kuum déi selwecht Majoritéit erëm eng Kéier, déi dem Grand-Duc net gefollegt huet -, dunn ass e richtig rose ginn an dunn huet en an engem richtege Putsch, an engem Staatssträich, an engem Nacht- und-Nebel-Aktioun 1856 géint d'Lëtzebuurger Parlament eng retrograd autoritär Constitution par voie d'autorité, dat war dee Moment par ordonnance royale grand-ducale, en vigueur gesat, fir eebe just de Principe monarchique, dat heescht de Prinzip, wou all d'Pouvoiren erëm a sengen Hänn vereenegt wieren, erëm eng Kéier duerchzesetzen.

Natierlech ass d'Parlament zréckgeschrafft ginn. Et ass erëm eng Assemblée des États ginn. Si huet nëmme 40 Deeg dierfen tagen. An et war eng ganz däischter Zäit fir Lëtzebuerg, well, wéi gesot, d'Demokratie ass total geschrumpft.

Wat awer gutt war - an dat ass u sech, dat mierke mer eigentlech eréischt haut, an dat konnt de gudde Wëllem III. net richtig

pa haben, déi de Vauban gebaut hat. Mir waren „Gibraltar des Nordens“; jiddweree wollt eebe Lëtzebuerg hunn. An do hunn d'Groussmuechte gesot: „Elo geet et duer!“ Du war déi grouss Konferenz vu London vum 11. Mee 1867, wou Lëtzebuerg de Statut kritt huet vu permanenter Neutralitéit. An do hu se de Wëllem III. ënner Drock gesat a gesot, hie misst elo säin Accord ginn, fir erëm méi enger liberaler a progressiver Constitution zoustëmmen. An dat ass eis aktuell Constitution vum 17. Oktober 1868, déi jo laang gehalten huet.

De Wëllem III. war deen onbeléiftste Kinnek-Grand-Duc, dee mer hei hatten. Dir kennt de Pakt vum Haus Nassau vum 30. September 1783 (veuillez lire: vum 30. Juni 1783), dee gesot huet - bis 2001, 2002, wou den Henri an d'Maria Teresa d'accord waren, fir u sech d'Reegelen ëmzestëmmen -: „nëmme männlech Ierwen op den Troun!“ De Wëllem III. hat keng Nokommen. An dunn hunn d'Lëtzebuurger gesot: „Jo, wat maache mer dann elo?“ Well Dir wësst, de Stacknumm ass Nassau, dat sinn d'Hollänner, dat sinn eis Familljen, dat ass awer och Bourbon-Parme, an duerno gëtt et da ronderëm d'Cousinen. D'Hollänner sinn Oranien-Nassau. An du sote se: „Ma da kommt, mir ginn an Däitschland kucken!“ Do waren déi däitsch Kosengen, dat sinn d'Nassau-Weilburg.

An du war den Adolphe, de Groussherzog Adolphe - dee war jo dann net méi Kinnek -, deen éischte Groussherzog, deen zu Lëtzebuerg komm ass vun Nassau-Weilburg, an deen huet Lëtzebuerg mat roueger



men ekonomesch an du kouv nach déi monetär derbäi.

Souwäit déi wichteg Revisiounen. An, Dir kënnt dat no-kontrolléieren: Mir hu 27 Revisiounen gemaach säit 1868. A praktesch an all de Revisiounen ass allkéiers opgepasst ginn, dat heescht, d'Chamber huet selwer opgepasst, dass se sech selwer ëmmer méi gestärkt huet, well duerch d'Komplexitéit vun den Theemen, an dat ass a ganz Europa esou, ass den Executif an all eise Länner ëmmer méi staark ginn an d'Chamber huet ëmmer missen oppassen, fir sech selwer awer derniewent ze stäerken.

Sou, dat war e klengen Exkurs duerch d'Geschicht, dass Der wësst, vu wou mer kommen, a fir ze wëssen, dass d'Chamber och ëmmer huet misse kämpfen an et net ëmmer esou einfach hat.

Vu dass mäi Kollege Charel Margue esou en detailléierte Rapport gemaach huet iwwer allegueren d'Problematiken, wäert ech mech just bornéieren, verschidde Punkten ervirziewen.

Nach eng Kéier, d'Wielen, pour le bon ordre, fir all Mënsch dobaussen, an och dass d'Kollege vum ADR definitiv hiren Apaisement hunn: Wien dierf zu Lëtzebuerg ...

(Brouhaha)

... d'Parlament wien? Nëmme d'Lëtzebuerger, déi 18 Joer al sinn!

**Une voix.-** A!

**Mme Simone Beissel (DP).**- Neien Artikel 64. Zweetens, och am selwechten Artikel 64: Wien dierf sech zu Lëtzebuerg fir d'Parlamentswale wile loosse? Nëmme d'Lëtzebuerger, déi 18 Joer hunn an déi zu Lëtzebuerg domiciliéiert sinn.

**Une voix.-** A!

**Mme Simone Beissel (DP).**- Dass dat elo definitiv kloer ass!

Also, wien ze goen a sech wien ze loosse sinn elo an a Zukunft Hoheitsrechter, déi eleng de Lëtzebuerger reservéiert sinn!

**M. Gilles Baum (DP).**- Lo hu se et verstanen, mengen ech!

**Mme Simone Beissel (DP).**- Zweeten ...

**Une voix.-** Nee!

(Brouhaha)

**Mme Simone Beissel (DP).**- Zweete Punkt: D'Chamber, an ech maachen dat elo méi kuerz, huet sech duerch déi ganz Moyenen, déi mer elo am Text hunn, natierlech drastesch verstärkt.

Ech wëll soen, dass mer mam neien Artikel 75, ech hu schonn déi nei Numerotatioun hei am Text, niewent deene klassches Moyenen, déi schonn opgeléist si ginn - wéi gesot, d'Presenz vun de Membere vun der Regierung an der Chamber an d'Froen an d'Interpellatiounen an elo d'Méiglechkeet, fir Informatiounen an Dokumenter vun der Regierung ze kréien, dat sinn déi klassesch Moyenen -, awer elo niewent der Zensurmotioun, déi jo scho bestanen huet, och nach d'Motion de confiance ageschriwwen hunn, wat eng nei an e bëssen eng aner Optik ass vun dem System, fir eeben nach de Fächer vun den Outilen ze verbreed. An et ass d'Reglement vun der Chamber, dat déi Motiounen do reegelt.

A wéi scho vun dem Rapporteur an och vu mengem Virriedner Léon Gloden gesot, hu mer

natierlech en neit staarkt Instrument elo hei agefouert, dat ass den Droit d'enquête, an no-tamment d'Modalitéiten, wéi déi Commission d'enquête da muss agesat ginn. Si hunn et gesot, nach eng Kéier: Wann op d'mannst een Dréttel vun den Deputéierten et verlaangt, muss d'Kommissioun agesat ginn. An da muss een duerno d'Sujete kucken, well et ass jo awer eng Kommissioun, déi, wa se bis schafft, no de Reegele vun de Majoritéiten hei funktionéiert. An ech ginn och dervun aus, dass mäin Noriedner, eise President Mars Di Bartolomeo, dee sech ganz vill dofir interesséiert a staark gemaach huet, och nach dorop wäert zréckkommen.

Dann dat Drétt: Initiative citoyenne. Dat ass wierklech dat neit Instrument, déi Initiative citoyenne, wéi mer dat nennen, oder Proposition motivée afin de légiférer, am neien Artikel 79. Dat ass wierklech e grouse Quantesprong, well mer hei eng drétt, eng nei Quell, en neien Ursprung schafen, wéi kann e Gesetz an d'Chamber erakommen. D'Konditiounen, déi si scho gesot ginn: Dat muss presentéiert gi vun 125 Lëtzebuerger Wieler an et muss vun 12.500 Lëtzebuerger Wieler supportéiert ginn.

D'Petitionsrecht, dat besteet zu Lëtzebuerg scho ganz laang, säit der liberaler Verfassung vun 1848, wou d'Leit kënnen Ufroen, Doleancen, Suggestiounen eraginn. Mee mir mussen oppassen, dat funktionéiert op Basis vun enger anerer Logik an dat gëtt jo och vun dem Reglement vun der Chamber organiséiert.

Wat wichteg ass: Dat neit Initiativrecht muss obligatoresch e Gesetz kréien, fir dat ze organiséieren. An déi, déi mat eis an der Verfassungskommissioun sinn, wëssen, dass dëst Gesetz, wat soll den neien Artikel a Musek ëmsetzen, schonn an der Maach ass.

Dann de véierte Punkt, den Ombudsman. Den neien Artikel 83 gesäit endlech, endlech vir, dass den Ombudsman eng Verankerung an eiser Verfassung kritt. Dir wësst, den Ombudsman ass eng Institutioun, déi queesch duerch d'Länner - si kënnt aus den nordsche Länner, dofir och den Numm - scho säit Enn de 70er-Jore besteet. Mir hate schonn Enn de 70er-Joren den éischten Text. Mir kruten awer eréischt d'Basisgesetz 2003, wat den Ombudsman organiséiert huet, den Défenseur du peuple, Médiateur, an all de Länner, et ass Speck a Schwéngfleesch, wéi ech ëmmer soen. Et ass déi Funktioun, deejeinen, deen de Bierger, déi Doleancen hunn an déi net géint d'Verwaltungen ukommen, d'Méiglechkeet gëtt, fir sech éischters ze reiseigéieren, wat se kënnen maachen, a fir sech dann eebe géint verschidden oder all Zorte vu Verwaltungen ze wieren, fir zu hirem Recht ze kommen.

Den alljäreliche Rapport vun eise Ombudsman, der Madamm Claudia Monti, hate mer jo gëschter Moien hei am Plenum, dat ass den Exercice 2021, an do hu mer gesinn, wéi vill Aarbecht nach ze maachen ass. D'Zil ass jo, fir dass d'Verwaltungen op allen Niveaue sech Méi ginn, verschidden agerasse Systemer a Prozeduren, déi de Bierger deelweis onverständlech sinn oder deelweis fir se inakzeptabel sinn, entweder ze verbesseren oder souguer ze eradikéieren. Dofir ass et elo gutt, dass mer deen Artikel an der Verfassung hunn, fir den Ombudsman wierklech ze verbesseren, ze stäerken, net ze vergiessen den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher, dee jo elo och besteet an dee schonn akzeptabel a ganz impressio-

nant Resultater produzéiert huet a kierzester Zäit.

Komme mer elo nach zum Kapitel Staatsrot. Wéi ech lech scho gesot hunn, ass den haitege Conseil d'État deemools, 1856, vum Wëllem III. vun Oranien-Nassau als Conseil à côté du Gouvernement agesat ginn, an dem Artikel 76, zweeten Alinea krut en do den Titel. A wat komesch ass, mee dat ass oft esou bei der Verfassung, dat heescht, d'Saache lafen a vu dass et leeft, ass keng Necessitéit, fir et ze änneren: Deen ass nach bis 1989 an deem selwechten Alinea 76, dee jo d'Regierung organiséiert, stoe bliwwen.

Ech hunn lech gesot, de Kinnek Grand-Duc Wëllem III. konnt d'Parlament net leiden. An en hat dann ëmmer gutt Iddien, fir iergendwéi do Bremsen anzesetzen. A wéi gesot, vu dass en aus Holland komm ass, wollt en eng Zort Senat maachen, mee en huet eppes net iwwerluecht, an dofir ass glécklecherweis seng Rechnung net opgaangen.

Wat huet e gemaach? Dir wësst, et war ëmmer eng Question d'honneur, dass an dem Staatsrot dichteg a kompetent Leit géife sëtzen, déi de System géife kennen, déi kéinten hëllefen, d'Gesetzgebung no vir ze bréngen.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

De Wëllem III. huet dat och gemaach, dichteg a kompetent

ment en dee Moment definitiv ofgeschafft hätt. An do ass e virugefuer. En hat jo eng duebel Funktioun, als berodend Organ, mee och als eenzegte Verwaltungsgericht hei zu Lëtzebuerg, an dat bis d'Verfassungsrevisioun vum 13. Juni 1989.

Du krut de Staatsrot, dat musst Der lech virstellen, eng wichteg Institutioun, vun 1856 gewaart bis 1989, mol endlech en Artikel! Mee et war e bäigepafften. Dir wësst, mir hunn den Artikel 83, an du krut de Staatsrot den 83bis. Dat war jo emol scho gutt, awer nach net esou ganz perfekt. An et kouv och e plus ou moins autonomt Kapitel derbäi, dat ass och bäigepafft ginn, e Kapitel 5bis.

E wichteg Moment an der Geschicht vun Staatsrot war awer d'Verfassungsrevisioun vum 12. Juli 1996. Wat war do geschitt? Déi, déi méi laang hei am Parlament sinn, erënnere sech bestëmmt un de berühmten Arrêt Procola, dee vun dem Europäesche Gerichtshaff vu Stroossbuerg geholl ginn ass a wou mer eis als Regierung, als Lëtzebuerger Staat, immens blaméiert hunn. Well do hu se gesot: „Ma bei lech huet all Mënsch siwe Kapen un, vun der Preparatioun bis zu der Kontroll bis zu der Justiz. An dat geet net, dat geet géint all d'Prinzipie vun der Europäescher Mënschenrechtskonventioun!“

An do ass endlech d'Verwaltungsgericht-Fonctioun vum Staatsrot ewechgeholl ginn an

Här President, déi zwee Artikelen, déi elo de Staatsrot betreffen, de 95 a 96, ginn him den néidege Stelleväert. Et ass zwar esou, wat ech scho gesot hunn: Et ass ganz wichteg, dass d'Chamber elo och erëm verstärkt gëtt duerch de Fait, dass se de Staatsrot „pour toute autre question“, niewent Proposition-a-Projet-de-loien, wou de Staatsrot intervenéiert, och kann ufroen. Dat bedéngt fir mech eng Stärkung vum Parlament, et ass eventuell en Zäitgewënn, wa mer mat deem System, dat mer schonn zurzäit Saachen ufroen, eventuell potenziell Opposition-formellë kënnen evitéieren. Op där anerer Säit gëtt et e bësselche méi Pensum fir de Staatsrot. Mee deenen hir Disziplin an hire Fläiss kennend, maachen ech mer keng Suerg, dass déi dat och meeschteren.

Esouwäit e puer Iwwerleeungen zu dësem Kapitel. Ech bréngen hei mat Freed den Accord vun der DP-Fraktioun a soe Merci fir Aert Nolauschteren.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.-** Merci der Madamm Simone Beissel. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, Kolleginnen a Kollegen, haut kënnen mer iwwert dat véiert Kapitel vun eiser Verfassungsrevisioun ofstëm-



Den Här Mars Di Bartolomeo (LSAP)

Leit an dee Conseil do eragesat an der Hoffnung, déi géifen him da praktesch blannemännerches follegen an alles dat maachen, wat hie géif soen. Do hat e sech awer geiert, well no relativ kuerzer Zäit schonn huet de Staatsrot sech flügge gemaach. Dat heescht, deen ass aus dem Dunstkreis vum Kinnek-Grand-Duc erauskomm, an dat huet de Staatsrot oder de Rot vun deemools immens geieert.

Wat hu se gemaach? Si haten als absolutt Prioritéit, fir de Rechtsstaat ze schützen. An deen, deen de Rechtsstaat schützt, dee schützt och automatesch d'Lëtzebuerger Bierger. An do huet en net nëmmen déi am A gehat, mee en huet och versicht, a sengen Avisen ëmmer de Schutz vun de Bierger ze consolideieren.

Et ass dës konstruktiv Attitüd, déi no mengem Wëssen an no den Texter, déi ech gelies hunn, gemaach huet, dass 1868 bei der Verfassungsrevisioun de Staatsrot éischters - entre guillemets - „iwwerlief“ huet, well wann e sech anescht beholl hätt, kéint Der sécher sinn, dass d'Parla-

do sinn endlech zwee autonom Juridictiounen, dat heescht den Tribunal administratif an d'Cour administrative, gegrënt ginn. An de Staatsrot huet haaptsächlech seng berodend Fonctioun ausgeübt an déi ass duerno dauernd verbreedert ginn. D'Kontrollfonctioun ass verbreedert ginn, an zwar esou staark, dass vun do un de Staatsrot als Haute corporation och nach den Numm krut vu „gardien de la constitution et des droits et libertés fondamentaux“, well e systematesch bei all Text, ob et Projets de loi oder Propositions de loi sinn, de Contrôle ex ante oder a priori gemaach huet, fir net nëmmen d'Konformitéit zu der Verfassung, mee och d'Konformitéit zu allen internationalen Traitéen an och zu all europäeschem Regelwierk ze kontrolléieren.

Déi Kontroll huet et mat sech bruecht, dass, wéi mer 1997 d'Verfassungsgericht kritt hunn, et net méi néideg war, dass d'Verfassungsgericht e Contrôle ex ante gemaach huet, mee nëmmen de Contrôle ex post par voie incidente.

men. An dat ass fir mech eng ganz grouss Satisfaktioun.

Et ass zwar nach net d'Enn vun der Prozedur, mee e weideren decisive Schrëtt, fir eis en zäitgeméisst Grondgesetz ze ginn. Eis Virgänger, d'Presidente vun der Institutiounskommissioun, de Paul-Henri Meyers an den Alex Bodry, wäerte sech freeën, dass mir no derbäi sinn, hir Efforten zu engem gudden Enn ze bréngen.

Nodeems d'Kapitelen iwwert d'Justiz, de Grand-Duc, d'Regierung an och d'Kapitel iwwert d'Grondrechter an d'Fräiheeten eng éischte Kéier gestëmmt gi sinn, ass et haut um leschte Kapitel iwwert de Staatsrot an d'Chamber, fir dee selwechte Wee ze goen.

D'zentraalt Uleies vun deene Revisiounen ass, dass eis Institutiounen op Aenhéicht am Respekt vun deene jeeweilegen Aufgabe kënnen a solle fonctiounéieren.

Dem Kollege Charles Margue fir seng exzellente Aarbecht als Rapporteur vun dësem Kapitel



e grousse Merci, grad ewéi de Kollegeinnen a Kollegen fir déi gutt konstruktiv an effikass Zesummenaarbecht an der Kommission.

Mir hunn net nëmmen dervu geschwat, dass eng Verfassung d'Leit soll zesummebréngen, amplaz se auserneezedividéieren, mee mir si wäitgeeëndst mam gudden Beispill virgaangen. Eng Verfassung ass net geduecht, fir Politique politicienne ze maachen, mee ass geduecht, fir d'Fundamenter vun engem gudden Zesummeliewen an enger Gesellschaft ze schafen, wou déi aner Gesetzter sech kënnen drop baséieren. Ech mengen, déi Basis, déi mer mat deene véier Kapitelen hei schafen, ass eng zolidd Basis, déi op gudden, net faule Kompromësser, op gudden Kompromësser am géigesäitege Versteedsdemech zustane komm ass.

No engem ausféierleche Rapport an den Interventione vu menge Virriedner, eise Korapportere Léon Gloden a Simone Beissel, wëll ech virun allem op ee wichtige Piliere vun dësem Kapitel agoen, dat ass d'Stärkung vun eiser Chamber, déi sech wéi e roude Fuedem awer och duerch déi aner Kapitelen zitt, well och do gëtt d'Roll vun der Chamber revaloriséiert, net op Käsche vun enger aner Institution, mee entsprechend deem, wat eng modern parlamentaresch Demokratie, eng representativ Demokratie soll sinn.

Esou gesäit an deem Text, iwwert dee mer haut diskutéieren, den Artikel 50 explizitt déi legislativ Gewalt vun der Chamber an d'Kontroll vun der Regierung duerch d'Parlament vir. Vun deenen zwee Elementer stoung bis elo keent an der Verfassung, obwuel et sech ëm déi wuel wichtigste Aufgabe vum Parlament handelt. « Ça va mieux en le disant », an nach vill besser, wann et a Stee gemeesselt ass an eiser Verfassung, fir dass och jiddwereen et versteet.

Wichtig fir d'Autonomie vun eiser Chamber ass och deen neien Text am Artikel 56, deen d'Artikelen 51 a 70 aus der jëtzege Verfassung deelweis iwwerhëlt, awer e Widdersproch tëscht deenen zwee Artikelen besäit. Et sinn déi Artikelen, wou et ëm d'Chambersreglement an d'Valeur vum Chambersreglement geet.

Domadder kritt d'Reglement vun der Chamber en zolidd Fundament, fir dass d'Chamber als éischte Pouvoir am Staat wäitgeeënd autonom ka funktionéieren, dat heescht, datt si duerch d'Chambersreglement selwer bestëmmt, wéi si hir Attributionen ausübt, sech organiséiert an och de Statut vu senger Fonctionnaire bestëmmt, ouni - ouni! -, an dat ënnersträichen ech, elo am stillen Kämmerlein wëllen Extrawursche fir sech selwer oder d'Personal ze broden.

Déi Verankerung an der Verfassung, och wann dat net jiddwereengem gefall huet, war noutwendeg, well dat Reglement a Fro gestallt ginn ass iwwer en Urteel vum ...

**Une voix.** - Verwaltungsgericht.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Jo, jo, vum Verwaltungsgericht an eist Reglement e bësse gewackelt huet. An e Reglement vum éischte Pouvoir, vun der Chamber, dierf net wackelen, muss kloer an zolidd sinn. Ech mengen, mat där neier Reeglung hu mer dat festgehalten a mir hunn eis do net vis-à-vis vun anere Parlamenten eng besonnesch Plaz erausgesicht. Mir hunn eis deem alignéiert, wat och an enger Rei vun europäesche Parlamenten de Fall ass,

dat heescht, dass d'Reglement, d'Reglementsännerungen dee selwechte Wäert hu wéi e Gesetz. Och wann d'Prozedur net genee déi selwecht ass, ass awer d'Transparenz déi selwecht, well mir müssen driwwer ofstëmmen, mir müssen déi Texte publizéieren, dat heescht, och an öffentlecher Sëtzung hei diskutéieren. Also, do gëtt näischt verstoppt!

Par rapport zum alen Text dengen déi Dispositionen, déi mer an eiser Verfassung elo festgehalten hunn, der Vervollständigung vun deene Beräicher, fir déi d'Chamber onofhängeg ass, wéi gesot, net fir eis am „stillen Kämmerlein“ eppes Spezielles erauszuhelen.

Eng vun deene gréissten Neierungen am iwwerschaften Text ass d'Initiative législative citoyenne. D'Verfassung soll dem Bierger d'Méiglechkeet ginn, e Gesetzesvorschlag bei der Chamber ze deponéieren. Dës Iddi ass schonn 2003 entstanden, huet et dunn no enger Zäitchen an déi deemoleg Proposition de révision oder de réforme 6030 gepackt a soll elo schlussendlech

litte Schratt méi wäit, well se net nëmmen hiert Uleies kënnen presentéieren, mee an enger Form, an enger Aart vu Proposition de loi abréngen, an da gëtt déi Proposition de loi änlech behandelt wéi eng Proposition de loi, déi vun engem Deputéierten, engem Grupp vun Deputéierten oder der ganzer Chamber kënn, wéi mer dat elo an der Lescht praktizéiert hunn.

Mam neien Artikel 69 festegt an erlichtert d'Chamber hiert Enquêterecht. An Zukunft gëtt eng Enquêtékommision, en „Untersuchungsausschuss“, wéi dat an Däitschland heescht, agesat, wann en Drëtzel vun den Deputéierten, also 20, dat verlaangen an net méi, ...

(Interruption)

... wann eng Majoritéit dat verlaangt, wéi dat bis elo de Fall war - verlaangt oder erlaabt, et kann een et och esou ausdrécken.

D'Enquêtékommision ass nom neie Modell e wichteg a schaafft Instrument, dat der Chamber et erlaabt, fir hirer Kontrollmis-

eng Enquêtékommision freet, net onbedéngt vun där Kommission Recht kritt. An eng Bauchlandung an deem dote Beräich ka weidoen!

An der Institutionskommission ware mer eis jiddefalls eens, dass et wichteg ass, dass mer eis op deen dote Wee traue. Mir traue eis wierklech, en neie Wee ze goen, mee mir müssen oppassen, dass de Pendel net zréckschléit bei där enger oder bei där anerer Majoritätskonstellation oder Regierungskonstellation.

Och zu der Neireeglung vun der Enquêtékommision an deenen dozou noutwendige Prozeduren hu mer elo an der Tëschenzäit eng Proposition de loi deponéiert.

Den neien Artikel 71 gesäit vir, dass et d'Chamber ass, déi eng Intervention vun der Force publique ausserhalb vum groussherzoglechen Terrain erlaben muss, dës an de Formen a Konditionen, wéi se vum Gesetz festgeluecht ginn. Déi nei Formulierung couvréiert elo net

méiglech kënnen zesummenzeschaffen.

Här President, dës Kapitel ass also absolutt an der Linn vu senger Virgänger, déi d'Roll vun eisen Institutionen preziséieren, stäerken an un d'Realitäten upassen. Wann dësen Deel vun der Verfassung a Kraaft trëtt, gëtt eis Chamber daitlech gestärkt, och an hirer Relation mat der Regierung, déi hir all d'Dokumente muss zoukomme loosse, déi si am Rumm vun hirem Kontrollrecht an hiren Aarbechte brauch. Och do ass et wichteg, dass een dat an engem Geescht vun „zesumme“ mécht an net géinteneen. Wéi gesot hu mer hei schonn eng ganz Rei vun Ausféierungsreglementen an Ausféierungsgesetze ausgeschafft. D'Propositionen de loi betreffend d'Neierunge beim Staatsrot huet de Kolleg Rapporteur de Mëtten deponéiert.

Ech wëll nach drop hiweisen, dass mer mat deem Kapitel, dat mer haut behandeln, och eng zesummenhängend Numerotation vun der gesamter revidierter Verfassung virgeholl hunn. Insgesamt wäerte mer iwwer eng besser lesbar Verfassung verfügen, wa mer um Enn vun eisen Aarbechten ukomm sinn. An dovun wäerte sech d'Leit dobause kënnen iwwerzeegen, well mer an der Linn och vun där Effentlecheetsaarbecht, déi mer bis elo gemaach hunn a wäerte maachen, och bei dësem Kapitel zum Schluss vun der Prozedur jiddwereengem eng iwwersichtleche Broschür zur Verfügung stellen an deene gängege Sproochen hei am Land, fir sech selwer kënnen dovun ze iwwerzeegen, dass mer hei net an enger Hexekichen eppes zesummegebraut hunn, mee eng seriö Verbessering vis-à-vis vun deem kënn virleeën, wat e bëssen aus der Zäit erausgefall ass.

Mat dësem Kapitel hu mer eng weider Biergetapp hannerum eis, awer et stinn nach weider Etappen, och keng ze ënnerschätzend Etappen, virun eis. Am Hierscht wäerte mer noeneen iwwert déi verschidde Kapitele fir d'Zweck ofstëmmen hunn. Wéi d'Virgängerkapitel wäert dësen Deel och, fir et einfach ze soen - et sinn net genee sechs Méint -, sechs Méint nom zweete Vott a Kraaft trieden.

An der Tëschenzäit wäerten och vun der Regierung eng Rei vun Ausféierungsgesetze mussen ausgeschafft ginn an hei de Go an der Chamber kréien. Mir sinn do gudder Hoffnung, dass mer déi Texte esou schnell wéi méiglech virgeluecht kréien, fir dass mer hei an der Chamber kënnen ouni Hetz dru schaffen.

Zum Schluss, Här President, nach e grousse Merci un d'Membere vun der Institutionskommission, un d'Membere vun der Reglementskommission, awer och eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter an der Chamber, déi eng ganz exzellente reaktiv Aarbecht geleescht hunn. An lech, léif Kollegeinnen a Kollegen, merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Di Bartolomeo. An den nächsten geschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem véierten a leschten Deel si mer wuel um Enn vun där, wéi et heescht, substanzier Verfassungsrevisioun ukomm, déi eis elo scho laang beschäftegt huet.

Dem Rapporteur, dem Här Margue, soe mir e grousse Merci fir seng ganz komplett Erklärungen.



Den Här Fernand Kartheiser (ADR)

mat der Adoption vun dësem Text och konstitutionell verantworten.

Dës Initiative fënnst am neien Artikel 67 hiren Nidderschlag. Dee gesäit vir, datt eng legislativ Proposition muss vun 125 Wieler presentéiert ginn a vu weinstens 12.500 Wieler ënnerstëtzt gi muss. Den Exercice vun deem legislative biergerleche Recht gëtt per Gesetz geregelt. Eng entsprechend Proposition - an do gesitt Der, dass mer net nëmme Verfassungstexte maachen, mee och derfir suergen, dass déi Verfassungstexte ëmsetzbar sinn - ass also an enger Proposition de loi, déi mer kierzlech hei deponéiert hunn, mat den Ënnerschrëfte vun deene véier Rapporten a vum President vun der Reglementskommission hei um Dësch beim President deponéiert ginn.

Duerfir e grousse Merci eiser Ekippe vu Mataarbechter an der Chamber an deenen zwou Kommissionen, der Institutionskommission an der Reglementskommission, déi hei ganz Aarbecht geleescht hunn.

Och wann déi Propositionen vun de Leit, déi Initiatives citoyennes, nach müssen duerch d'Chamber, eng Prozedur, déi an deem Gesetz, deem Gesetzesvorschlag, geregelt ass, duerchlafe müssen an och vun der Chamber müssen approuvéiert oder ofgeleent ginn, ass dat hei e ganz wichtige Schratt a Richtung Biergerbedeelegung. Et ass eng seriö Weiterentwicklung vun deem Recht, wat d'Bierger bis elo haten, fir Punkten, déi hinnen um Häerz leien, iwwert d'Pétition publique hei an d'Haus ze bréngen. Dat hei geet en zo-

sioun, awer och fir hirer Mission, fir a quokelegen Dossiere Factfinding ze maachen, nokommen ze kënnen.

Mee - an do ware mer eis eens an der Institutionskommission - déi Enquêtékommision ass kee Spillgezel. Et dierf sech net an engem Géinteneen Majoritéit an Opposition erschöpfen. Eng Enquêtékommision ass och keng Chambre de mise en accusation géint d'Regierung, mee soll der Chamber et erlaben, a méi problemateschen Dossieren op de Fong ze goen a Fakten op den Dësch ze leeën.

Dës Instrument soll och net à tort et à travers beméit ginn, well „trop de commissions d'enquête tuent la commission d'enquête“. Och wësse mer, dass mer limitéiert Moyene mat 60 Deputéierten hunn an net sollten handeln - an dat ass, mengen ech, e Message, iwwert dee mer eis allegueren eens waren -, wéi wann déi eng éiweg an der Opposition wären an déi aner éiweg an der Majoritéit.

Duerfir solle mer dat Instrument à bon escient an och verantwortel gebrauchen an net, fir een deen aneren ze péngegen. Hei muss d'Chamber mat deem Instrument mat Fingerspitzgefühl ëmgoen. Mir hunn do ganz grousst Vertrauen an dës Haus. A wann ee kuckt, wéi am Ausland d'Chambre mat där doter Waff dat dierf een elo net an dësen Zäite soen! -, mat dësem Instrument ëmginn, da stellt ee fest, dass et kaum Auswüchse dovun gëtt.

Och dierf een net vergiesse beim Asaz vun enger Enquêtékommision, datt deen, deen

nëmmen den Asaz vun der Armée ausserhalb vum nationalen Terrain, mee och Friddens- an humanitär Asätz. Besonnesch d'Asätz am Kader vun de Vereenten Nationen ginn hei ofgedeckt, dat heescht, do falen och d'Douane an d'Police drénner.

Op d'Plaz vum Ombudsman an deenen neie Propositionen brauch ech net weider anzugehen. D'Simone Beissel huet dat exzellent gemaach an ass och op déi wichtige Roll vum Ombudsman agang, deen ënner der Schirmherrschaft oder ënner der Responsabilitéit vun der Chamber funktionéiert.

Mam neie Kapitel 5bis kritt de Staatsrot mat senger Attributionen en eegent Kapitel, wat en och verdéngt, an dat huet een an deene leschten zwee Joer och ganz kloer gesinn. Hei war de Staatsrot e ganz wichtige Piliere a kriddelegen Zäiten, op dee mer eis jidderzäit konnte verlaassen. Duerfir ass et och wichteg, dem Staatsrot déi Plaz an der Verfassung ze ginn, déi e verdéngt.

Et kënn och zu enger fundamenter Ännerung, no där net nëmmen d'Regierung, mee och d'Chamber de Conseil d'État - komm, ech soen et emol esou - a Saachen, déi an hire Beräich falen, ëm Rot ka froen. Well dorëm geet et: en Echange, Froe stellen, och eng Hand mat upaken, an ech fannen dat ganz wichteg, awer, ech hunn dat ugedeit, am Rumm vun deene jeeweilegen Attributionen. Et ass net esou, dass elo deen een deem aneren an d'Zopp géif späze goen an de Staatsrot do als Hëllef urufen. Mee et geet drëm, fir zwëschen den Institutionen esou gutt wéi



gen. An dësem Deel wéi och an deenen dräi virdu sinn eng Rei vu gudden Elementer, e puer Verbesserungen, déi d'ADR och matdréit, dorënner si virun allem déi, déi d'Parlament stäerken.

Mir begrëissen zum Beispill ausdrécklech, datt eng Commission d'enquête vun der Chamber elo kann op de Wonsch vun engem Drëttel vun den Deputéierte gegrënnt ginn. Och d'Initiative législative citoyenne ass nei. Ob se wierklech vill bréngt, bleift ze gesinn. Si ass awer e Schrëtt a Richtung vu méi Biergerbedeelegung an huet dowéinst och d'Ennerstëtzung vun der ADR. Mir betounen, datt esou Ännerungen och hätte kënne punktuell an am Konsensus gemaach ginn, datt een also dofir keng grouss allgemeng Verfassungsrevisioun gebraucht hätt.

Leider sinn awer och eng Rei vun Neierungen an dësem Kapitel, déi mir net kënnen akzeptéieren, an dowéinst stëmmen mir och géint dësen Text. Mir bedauern och nach eemol ausdrécklech, datt d'Verfassungsreform net engem Referendum ënnerworft gëtt. D'CSV, d'DP, d'LSAP an déi gréng hunn hiert Walversprieche gebrauch an domat déi politesch Kultur hei am Land beschiedegt. Wësst Der, Dir schwätzt vill vu Biergerbedeelegung, och am Kontext vun der Initiative législative citoyenne, déi jo nei ass, mee wann Der wierklech u Biergerbedeelegung géift gleewen, dann hätt Der Äert Versprieche fir e Referendum agehalen!

Déi ganz Reform behaupt jo, d'Verfassung ze moderniséieren a si un d'Evolution vun eiser Gesellschaft unzepassen. Mee et ass net eng einfach Upassung. Méi richteg ass et ze soen, datt dës Revisioun schonn eng Top-down-Revolution duerstellt, d'Afféierung vun engem ganze Koup vu gesellschaftleche Projeten, déi warscheinlech, wann et zu engem Referendum kéim, net géife vun der Majoritéit vun der Populatioun gedroe ginn.

Et gëtt fir eis e puer Kriticken, muss ee soen. Dat Éischt ass den Eed an ech wëll och do reagéieren op dat, wat de Spriecher vun der CSV gesot huet. En huet gesot, den Eed gëtt reforméiert an deem Sënn, datt „fidélité au Grand-Duc“ net méi an der Eedesformel ass. Fir eis heescht dat, datt erëm e Stéck Identitéit vun eisem Land a Fro gestallt ass.

An da seet de Vertrieeder vun der CSV: „Et ass jo net schlëmm, de Grand-Duc steet jo an der Verfassung.“ Jo, d'Gesetzter stinn och an der Verfassung. Firwat mussen dann d'Gesetzter verreedegte ginn, mat där selwechter Logik? Mir kënnen dat ëmmer méi reduzéieren. Herno soe mer nach „je jure“ an de Rescht ass da sous-entendu.

Et ass scho wichteg an enger Monarchie, datt de Lien zum Monarch awer och betount gëtt! Mir wärend do net déi eenzeg Monarchie, dat ass an der Belsch, dat ass op villen anere Plazen, dat huet en traditionellen Aspekt, et huet vill anerer. Mee et ass e bëssen esou wéi mat der Trennung vu Kierch a Staat. An dëser Verfassung sinn eng ganz Rei Plazen, wou dee Lien, deen existéiert an dee verschidde Kreesser hei am Land guer net arrangéiert, datt mer nach eng Monarchie hunn, méi labber gemaach gëtt. An dat ass jo eigentlech den Hannergedanken op ville Plazen an dëser Verfassung.

An déi selwecht Kategorie vu Kritik geheiërt d'Ofschaffung vun der Méiglechkeet, datt de Groussherzog kann op seng Initiativ d'Chamber opléisen an domat bannent dräi Méint Nei-

walen erbäiféieren. Dëst Recht ass eng Reegel, déi et dem Staatschef erlaabt, an enger politesch komplizierter Situatioun dem Vollek d'Méiglechkeet ze ginn, fir en neit Parlament ze wälen an domat eventuell och eng aner Regierungsbildung ze erméiglechen, also formal e Recht vum Staatschef, mee de facto ass et awer eng demokratéisch Garantie fir d'Volk!

De Groussherzog kann dobäi net méi maache wéi duerch d'Opléisung vum Parlament de Pouvoir erëm un d'Volk zrëckzeginn. Dat ass legitim an et gëtt dat an där Form och an anere Länner, datt de Staatschef kann d'Parlament opléisen, wéi zum Beispill a Frankräich. Elo gëtt dat ageschränkt.

Da gëtt gesot, jo, et brauch een eng Motion de censure oder eng Motion de confiance, déi verworfen gëtt, oder awer, an dat ass jo dee Fall, ëm deen et och geet, wann d'Regierung demissionéiert: « En cas de démission du Gouvernement, le Grand-Duc, après avoir reçu l'assentiment de la Chambre des Députés exprimé à la majorité absolue des députés, fixe des élections anticipées ».

Konkreet heescht dat, datt eng demissionär Regierung nach ka laang weiderfonctionéieren, soulaang eng Majoritéit vun den Deputéierten net decidéiert, datt se op de Wee vun Neiwale kéint goen. Dat ass eppes, dat schwächt d'Demokratie éischter am Land, well et enger Majoritéit erlaabt, déi sech eeben net wëllt Neiwale stellen, esou virunzefonctionéieren mat engem „caretaker government“, wéi dat heescht, ouni mussen an d'Walen ze goen. Et ass also net esou harmlos, wéi dat hei duergestallt gëtt! Et ass schonn esou, datt d'demokratesch Méiglechkeeten duerch dës Verfassung ageschränkt ginn.

Här President, den Hauptproblem, dee mir mat dësem Text hunn, betrëfft den Artikel 68, deen de Referendum reforméiert

tuellen Artikel 52, mee d'Chamber kann an Zukunft iwwert d'Gesetz festleeën, wee bei wéi engem Referendum därer mat ofstëmmen.

Niewent deem berüümten Artikel 9bis, iwwert dee mer hei scho geschwat hunn, ass hei eng zweet Dier, déi eng Méiglechkeet a Richtung Ausländerwalrecht opmécht. Loosse mer eis näischt virmaachen, d'Politik hei am Land ass am Abléck esou, datt déi allermeeschte Parteien - ech géif soen, mat Ausnam vun der ADR - am Prinzip haut fir d'Ausländerwalrecht sinn.

An hiren Aen hunn 2015 80% vun de Lëtzebuerger falsch ofgestëmmt. D'Madamm Tanson, Minister vun dëser Regierung, sot nach viru Kuerzem op enger Table ronde beim CLAE: « La participation est un élément essentiel. Il y a une dissociation au Luxembourg par la non-possibilité pour la moitié de la population de participer aux élections nationales. Cela me travaille régulièrement, car cela amène un déficit démocratique. » E Minister vun der Regierung, deen eigentlech esou iwwert de Referendum 2015 schwätzt... A mir héieren där do Kommentaren ëmmer nees vun alle Parteien - ausser vun der ADR.

(Brouhaha)

Dofir ass déi Theorie, déi mir hunn, déi Angscht, déi mir hunn, absolut net onbegrennt, datt et nämlech iergendwéini eng Kéier erëm e Versuch gëtt, fir de Referendum 2015 ze änneren, d'Resultat, an op de Wee vum Ausländerwalrecht ze goen.

Déi éischt Reaktioun no 2015 war och symptomatesch. D'Nationalitéitengesetz gouf reforméiert, d'Sprochekrittäre goufen drastesch erofgesat an op Initiativ vun der CSV kann ee souguer Lëtzebuerger ginn no 20 Joer, wann een iwwerhaupt kee Lëtzeburgergesch kann.

Elo mam Artikel 68 gëtt et nach nei Méiglechkeeten. Et ass an ei-

à ce référendum qui les concernait directement. » Mat dësem Gesetz geet elo déi Méiglechkeet op an et muss ee wierklech fäerten, datt iergendwéini eng Kéier eng Regierungsmajoritéit dann och op dee Wee geet.

D'ADR huet vill gutt Grënn, fir géint dës véierten Deel vun der Reform ze stëmmen! Mir bedauern, datt net e puer punktuell Reformen un der Verfassung gemaach goufen, déi mir de Leit an engem politesche Konsens hätte kënne proposéieren. Elo hu mir weeder e Konsens nach e Referendum, mee mir kréien eng Verfassung, déi de Charakter vum Land ännert, a mir fäerten, datt se an deenen nächste Joren och nach vill Sträit bréngt.

Wat elo dee Charakter do vun dem Artikel 68 ugeet, also iwwert de Referendum, hu mer eis geduecht, dass et vläicht gutt ass, wa mer dem Parlament erlaben, hei e staarke Gest ze maachen, a mir wollten lech dowéinst eng Resolutioun proposéieren. An där Resolutioun wëlle mir, datt d'Chamber feierlech erkläert, datt un all Referendum, deen Auswirkungen op eis Verfassung huet, op d'Justiz, d'Diplomat, d'Verdeedegung, d'effentlech Sécherheet an all aner hoheitlech Funktioun, déi national Symboler, d'Souveränitéit vum Land a seng international Verpflichtungen, d'Lëtzebuerger Nationalitéit, d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur, d'Walgesetzer op kommunalem, nationalem an europäeschem Niveau an den effentlechen Dëngsch, nëmme Leit därerfen deelhuele, déi op de Lëscht fir d'Legislativwale ageschriwwen sinn, also déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, iwwer 18 Joer an hir politesch Rechter.

Da wär dat hei duerch eng feierlech Erklärung vun der Chamber nach eng Kéier consacréiert, déi mer dann zesumme mat deem Leit hei vun deem véierten Deel géife stëmmen. An ech mengen, dat géif och all deene Parteien, déi gesot hunn, datt dat eigentlech hiert Versteesdemech ass

deene Leit zousteet, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, op d'mannst 18 Joer al sinn, hir zivil a politesch Rechter net verluer hunn an op de Wallëschen ageschriwwen sinn;

- den Ausgang vun engem Referendum, och vun engem konsultative Referendum, ee wäitreechenden Afloss op d'Zukunft an d'Identitéit vun enger Nation kann hunn,

decidéiert dowéinst, datt

un all Referendum, deen Auswirkungen op

• d'Verfassung

• d'Justiz, d'Diplomat, d'Verdeedegung, d'effentlech Sécherheet an all aner hoheitlech Funktioun

• déi national Symboler

• d'Souveränitéit vum Land a seng international Verpflichtungen

• d'Lëtzebuerger Nationalitéit

• d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur

• d'Walgesetzer op kommunalem, nationalem an europäeschem Niveau

• den effentlechen Dëngsch

kann hunn, nëmme ageschriwwen Wieler op de Lëscht fir d'Legislativwale, mat Lëtzebuerger Nationalitéit an iwwer 18 Joer deelhuele därerfen.

(s.) Fernand Kartheiser.

Mir ginn also dovun aus, datt deen Text elo hei eestëmme gestëmmt gëtt an domadder d'Intentiounen, déi verbal Intentiounen, déi hei vun e puer Säite gemaach goufen, och duerch esou eng feierlech Deklaratioun géife confirméiert ginn.

E lescht Wuert zum Staatsrot: D'Madamm Beissel hat d'Affär Procola an Erënnerung geruff. Ech wëll och nach eng Kéier do-robber agoen. Mir sinn als ADR houfreg op déi Saach. Et war den Deputéierte Roby Mehlen, deen deemools d'Initiativ geholl hat, dat ugewannt huet. A mir soen eis, datt dat ouni den Engagement vum ADR-Deputéierte Mehlen net un d'Rulle komm wär, an datt mer haut eng Verwaltungsgerichtsbarkeit hunn, schreie mer eis dofir och zum Deel op eise Fädel.

Ech soen lech villmools Merci.

(Brouhaha)

Une voix.- Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.-** Merci, Här Kartheiser. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).-** Merci, Här President. Fir d'éischt dem Rapporteur e grouse Merci fir säi Rapport. A jo, et ass dann de leschten Deel vun enger Verfassungsreform, déi ee beschtefalls als Facelifting ka bezeichnen.

No véier ofgehackten Debatten iwwer geschwënn ee Joer ass d'Verfassungsreform an der effentlecher Debatt komplett vum Radar verschwonne. Just nach ganz interesséiert Bierger a Biergerinne kréien eppes dovun mat.

De leschten Deel, dee mam Pouvoir législatif, zentrale Froen iwwert d'Demokratie an och d'direkt Matbestëmmung, also u sech deen Deel, dee fir ganz vill Leit deen interessantsten a gräifbarsten ass, geet elo an



D'Madamm Nathalie Oberweis (déi Lénk)

ert. Fir unzefänke wëlle mir betounen, datt mir fir méi direkt Demokratie sinn, fir vill méi Referenden, an zwar fir Referenden, déi och verbindlech sinn. Mir wëllen, datt d'Wieler kënne méi direkt a selwer decidéieren a mir gesinn domat absolut kee Widdersproch mat der representativer Demokratie.

Besonnenesch wichteg ass awer elo dëst: D'Participatioun um Referendum ass an Zukunft net méi automatesch de walberechtete Bierger virbehalen, also deenen erwuessene Lëtzeburger, den Electeurs no dem ak-

sen Aen absolutt méiglech, well et just eng Fro vun der Zäit ass, datt e Referendum iwwert d'Ausländerwalrecht organiséiert gëtt, e consultative Referendum iwwert d'Ausländerwalrecht, awer een, wou d'Ausländer kënne mat doriwwer ofstëmmen.

De Conseil national des étrangers huet eis am Kader vun engem anere Gesetz den 12. November 2021 e Kommentar iwwert de Referendum geschriwwen: « Le Conseil national des étrangers regrette que les ressortissants étrangers n'aient pas eu la possibilité de participer

vun deenen Dispositiounen, méi Kredibilitéit ginn.

**RÉSOLUTION 1**

D'Chamber vun den Deputéierten

erënnert drun, datt

- si, wéi am Artikel 68 vun der zukünftiger Verfassung festgeschriwwen soll ginn, an Zukunft bei all Referendum bestëmmen därerf, wie mat ofstëmmen därerf;

- am Ablack d'Recht, un engem Referendum deelzehuelen, just



enger iwwerchargéierter leschter Chamberwoch ënner tëscht Steierpolitik, Impfflichtdebat, Subvention loyer an esou virun.

Här President, alles hänkt zesummen. All Gesetz beréiert fundamental Prinzippien, déi an der Verfassung stinn, well d'Verfassung d'Spillreegele fir dëst Zesummespill, dës Zesummenhäng opstellt. Dofir ass dee Saucissonnage vun der Verfassungsreform an der Debat do ronderëm och e Feeler, well een de Bléck op dat Ganzt verniwwelt a keng wierklech Upak gebuede gëtt, fir seriö iwwert dat grousst Ganzt ze schwätzen.

Meng Hauptpunkten an der Ried wieren éischters: De Reformvorschlag, dee mir als déi Lénk als Bäitrag an d'Debatt eraginn hunn, weist ganz vill Differenzen zu dësem Text vun der Majoritéit op. An ee vun den allerwichtigsten an och am meeschten developpéierten Ënnerscheeder ass d'Stärkung vun der Demokratie iwwer éischters eng Verbredung - ëmmer méi Leit kréien demokratesch Matsproocherecht -, zweetens eng Verdéiwung - méi direkt Demokratie, déi sech nieft déi representativ Demokratie gesellt - souwéi

duerch méi eng direkt Matbestimmung vun de Wieler a Wierlerinnen. All liberal, representativ Demokratie brauch eng méi direkt Matbestimmung, iwwert déi sech verschidde Forderungen a Beweegungen artikuléieren kënnen, déi oft am reng representativen Kader wéi hei iwwersinn, iwwerhéiert oder carrement ignoréiert ginn.

Wann et déi Méiglechkeet net gëtt, riskéiert eng Demokratie, vulnerabel an ugräifbar ze ginn. Dofir hu mir eng wierklech Matbestimmung virgesinn an eise Verfassungstext, deem esou ausgeluecht ass, dass eng Initiativ vu Bierger kann hire Wee bis un d'Enn goen an engem Referendum ënnerluecht ginn.

Natierlech hu mir Garde-foue virgesinn, net alles ass recevable, mee de Wee an eiser Verfassungspropos fir méi Direktmatbestimmung iwwer Gesetzer ass gezechent a begobar.

D'Versioun vun der Majoritéit dergéint ass fir eis eng Alibi-bedelegung, bei där - aktuell zumindest, vu dass mer nach net wëssen, wéi et konkret soll ausgesinn, well d'Gesetz feelt nach - d'Majoritéit an der

Ech kommen zréck op mäin drëtten Punkt, d'Stärkung vun der representativer Demokratie par rapport zu der Exekutiv. Mir wëlle ganz kloer, dat hu mer an eiser Verfassungspropos geschriwwen, de Cumul des mandats ofschaffen. E Mandat an der Chamber ass e voll emfänglecht Mandat, wat Engagement, Zäit, Kompetenzen, Ressourcë verlaangt, déi een als Schaffen a Buergermeeschter eiser Meinung no net esou kann investéieren.

Dat ass och e politesche Problem eiser Meinung no, well et Interessenskonflikter tëschent zwee oder dräi Mandater ka ginn, déi eng Persoun a sech vereent. Dofir si mir géint de Cumul des mandats.

A mir sinn och fir ee Walbezierk. Och dat steet an eiser Verfassung an och dat, menge mir, wäert eis Demokratie stäerken, well all Stëmm sollt d'selwecht vill Wäert hunn an all Partei muss gläich vill Chancen hunn. A véier Walbezierker garantéieren dës Prinzippien eiser Meinung no net, opgrond vun deenen héije Scoren, déi an deene klengen Bezierker néideg sinn, fir iwwert de Beräich vun engem Sëtz ze

quëtékommissioun, also hir Basis, op där se soll schaffen, nach ëmmer duerch eng Resolutioun festgehale gëtt, déi jo awer iwwer eng Majoritéit gestëmmt soll ginn. Also, do stelle mir awer fest, dass dee Fortschritt am Endeffekt e weëneg a Fro gestallt ass, well een do awer dann nach ëmmer eng Majoritéit brauch.

An dann ass et esou, dass d'Lassbrieche vum Staatsrot aus dem Kapitel iwwert d'Regierung och e Schrëtt an déi richteg Richtung ass.

Als Konklusioun gesi mer vill kleng Ännerungen an dësem véierte Kapitel vun der Verfassungspropos, déi awer an der Zomm fir eis kee qualitative Sprong an d'Richtung vu méi Demokratie oder Stärkung vun der Chamber mat sech bréngen, déi à la hauteur wier vun den Erausforderungen, an deene mer sinn. Hei gouf an eisen Ae relativ weëneg Courage opgewisen.

Deem géigeniwwer steet op jiddem Fall, menge mir, eis Propos. Mir hunn de Courage fir eng fundamental Demokratisierung an déi dräi uewe genannte Richtungen un den Dag geluecht a mir loosse eis dobäi net an de Wand schloe vun engem Referendum, dee jo, wéi mer wëssen, net gutt ausgaange war.

Mir sti fir eis Wäerter, an eis Verfassung kuckt an d'Zukunft. Et ass an eisen Aen nëmme duerch eng Stärkung vun de Kontrollinstanzen, wéi mer d'Chamber, an duerch d'Inklusioun vun alle Residenten an Awunner, wéi mer eis Gesellschaft wierklech méi resilient an och nohalte gestalte wäerten.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauchteren.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut ass et dann endlech esou wäit! No laange Joren - si ass scho bal groussjäreg, si ass groussjäreg! -, während deenen un der Verfassungsreform geschafft gouf, ginn haut dann déi final Ännerungen vum véierten an domat leschte Kapitel vun dësem Reformprozess gestëmmt. Wéi bekannt ass, hu mir Piraten eis Memberen an enger Urwal Positioun bezéie gelooss zu där neier Verfassung. An eng Majoritéit vun de Memberen huet sech fir déi nei Verfassung ausgeschwat. Wéi och mir hei an der Chamber konnten eis Membere véier Stëmmen ofginn a soumat all Kapitel eenzel bewäerten.

All d'Kapitele kruten eng majoritär Zoustëmmung, mee bei dësem spezifischen Deel waren dat 84,5 % vun de Memberen, déi derfir waren. Dat war dat Kapitel, wat also och am onkontroverste war. An ech mengen, dat huet een och haut aus de Rieden heibanne kloer eraushéieren.

Mir Piraten hätten eis zwar bekanntermooes gewënscht, dass d'Regierungsparteien an d'CSV hiert Wuert gehalen hätten an déi nei Verfassung der Bevölkerung an engem Referendum zum Vott virgeluecht hätten. Mee dozou ass et jo leider net komm.

Iwwert de Wee vun der Urwal konnte mer zumindest dann awer eis Memberen nach eng Keier froen, well dat wichtegt Thema vun der Biergerbedeelegung läit eis um Häerz. Dat virleend Kapitel ass e ganz wichtegt Thema, e ganz wich-

tegt Kapitel, well et d'politesch Rechter vun de Biergerinnen a Bierger, awer och vun hire Repräsentanten an der Chamber stärke wäert.

An déi héich Zoustëmmung zu dësem Text vun iwwer 84 % vun eise Membere weist och, dass dat hinne beim Vott bewosst war. Keen aner Kapitel krut esou eng grouss Zoustëmmung an ech mengen, och keen aner Kapitel gouf heibannen esou positiv bewäert.

Besonnenes interessant fir vill politesch interesséiert Biergerinnen a Bierger ass un dëser Reform zum Beispill d'Afféierung vum Initiativrecht. Sou wéi dat um europäeschen Niveau scho méi laang méiglech ass, wäerte sech och zu Lëtzebuerg d'Biergerinnen an d'Bierger an Zukunft kënnen zesummendoen, fir eng Gesetzespropos op den Instanzewee ze bréngen.

Dat ass e wichtige Schrëtt, fir esou d'politesch Partizipatioun ze stäerken, an doriwwer freeën ech mech ganz ausdrécklech. Dat ass eng Forderung, déi mer domadder d'nächst Joer net méi musse an de Walprogramm eriwueretten.

Gläichzäiteg muss een awer och soen, dass d'Proposéiere vun engem Gesetz nach laang net dozou féiert, dass d'Majoritéit dës Iddien da jo och opgräife wäert. Dat wësse mir als Oppositionspartei nëmme allze gutt. An haut wäerte mer nach eng Keier d'Geleeënheet hunn, méi am Detail dorobber anzegoen.

Wa mer den Outil vun der Biergerinitiativ also wierklech notze wëllen, fir d'Biergerinnen an d'Bierger an Zukunft méi staark an den demokratesche Prozess anzebannen, dann dierf et net sinn, dass d'Regierungsparteie weider just stuer déi Proposen aus der Bevëlkerung stëmmen, déi souwisou schonn an hirem Koalitionsaccord stinn, an déi aner an en Tirang paken an do verstëbse loosse. Dat huet mat Matbestimmung näischt ze dinn! Da kënnen d'Leit sech hiert Engagement och spueren an einfach waarden, dass emgesat gëtt, wat och ëmmer d'Majoritéit dann dee Moment fir richtig hält.

En änlechen Émgang gesi mer jo aktuell och mat de Petitiounen. Erfolgreich Petitiounäre kréie gratuléiert, et gëtt een Debat a souguer wann d'Chamber sech eens ass, dass d'Petitiounäre Recht hunn an hei misst eppes geschéien, verschwennt den Dossier duerno laang Zäit oder et ginn eeben déi Punkten erausgezunn, déi d'Majoritéit souwisou schonns laang virhat ze änneren, an déi aner gi fale gelooss.

Bei Motiounen ass et d'nämmlecht. D'Chamber stëmmt deelweis eestëmmeg Motiounen an d'Ëmsetzung, do héiert een da laang näischt méi dovunner!

De reellen Afloss vun de Biergerinnen a Bierger op de politesche Prozess ass dann eigentlech null. Mee d'Regierung an d'Majoritéitspartei kënnen jo dann awer drop verweisen, dass si hei op d'Bierger gelauscht hätt, well et weess jo keen, dass si hir Iddien och emgesat hätten, ouni dass d'Biergerinnen an d'Bierger se gefuerdert hätten. Esou eppes nennt sech Schäinpartizipatioun. An och, wann ee kuerzfristeg d'Leit domadder täusche kann, erkenne se laangfristeg ganz däitlech, wéi weëneg Pouvoir hinnen hei eigentlech dach awer zoukënn.

Wann den neien Outil vun der Biergerinitiativ, deem eis d'Verfassung an Zukunft soll ginn, also wierklech zu méi polite-



Den Här Sven Clement (Piraten)

drëtens och d'Stärkung vun der representativer Demokratie. An ech ginn och elo dorobber méi am Detail an.

Éischters d'Verbredung vun der demokratescher Matbestimmung: Mir sinn an eiser Verfassungspropos fir en Awunnerwalrecht no enger Residenzdauer vu fënnef Joer. Dës Leit kënnen sech dann op de Wierlerleschten androen, mussen et awer net. Soubal se agedroe sinn, hu se och Wielflicht. Déi-jéineg, op déi sech d'Gesetzer applizéieren, sollen eiser Meinung no och d'Méiglechkeet hunn, fir iwwert dës Gesetzer matbestimmen.

D'Awunnerwalrecht ass e Prerequis, fir dës Prinzip ze erfëllen, awer net deen eenzeg. Dofir wëlle mir Jonken eng méi staark politesch Stëmm gi mat dem Walrecht ab 16 Joer. Mir respektéieren d'Resultater vum Referendum, mee mir bleiwe bei eiser Positioun, déi mir deemools wéi haut mat Iwwerzeugung vertrieben, a falen net aus elektoralistesche Grënn ëm.

D'Majoritéitspropos, do gesi mer eng Stagnatioun, hei geet näischt weider bei den Nationalwalen, mee eng Ouverture, ganz kloer, déi mer herno och wäerte stëmmen beim Walrecht fir Lokalwalen, an déi begrësse mir ganz kloer.

Zweetens: Mir wëllen eng Verdéiwung vun der Demokratie

Chamber einfach ka soen: „Nee, dat wëlle mir net.“ An dann ass d'Initiativ begrüewen.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - D'Proposition de loi, déi läit do. Hutt Der se nach net gesinn?

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).** - Nee, ech hat se nach net gesinn. Et deet mer leed, ech konnt se nach net kucken.

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

Ok, an der Rei. Ech hat awer nach keng Méiglechkeet, se ze kucken. Dann huelen ech zréck, dass d'Gesetz nach net do ass. Mee op jiddem Fall ass d'Gesetz nach net ausgeschafft, et ass nach net fäerdeg, esouwäit ech weess.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Dach, kloer ass et ausgeschafft.

(Interruption)

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).** - Ben, et ass awer nach net um Schluss vu sengem Prozess ukomm. Jo, et ass an der Rei. Ech äntwere gären op ... Mee mäi Punkt hei ass ganz kloer, dass mir ..., an dat wësst Der och, ech si scho laang drop agaangen, eise Prinzip vun der direkter Matbestimmung ass an dräi Etappen, wou zum Schluss kann e Referendum gemaach ginn. An dat ass an Ärer Propos net virgesinn, souwäit ech weess.

kommen. Vill Prozenter falen hei ewech a wandere bei déi grouss Parteien. Also déi kleng Partei sinn eiser Meinung no do benodelegt.

Dann zum Staatsrot. Mir gesinn, dass de Staatsrot jo ..., haut nach net, mee mir an eiser Verfassungspropos hätte gär, dass de Staatsrot Deel vun der Legislativ wier, well e jo Gesetzer aviséiert, déi alleguer vun der Chamber gestëmmt ginn an net vun der Regierung.

Méi wichteg awer ass eiser Meinung no nach d'Nominatioun vun de Membere vum Staatsrot, déi mir méi demokratesch wëlle gestalten, andeem nieft de Parteien och zivillgesellschaftlech Organisatiounen Kandidaten solle kënnen proposéieren.

An der Propos da vun der Majoritéit gëtt d'Parlament zwar opgewäert, dat ass och gesot ginn, mee nëmme punktuell an net esou strukturell wéi an eiser Propos, sief et, wéi scho gesot gouf hei, duerch d'Motions de confiance an och de méfiance an de censure, déi kloer festgehale ginn, déi mir och begrëssen als Instrumenter vun enger parlamentarescher Aarbecht, geneesou wéi och d'Commission d'enquête, déi elo vun 20 Deputéierte wäert kënnen gefuerdert ginn an net méi just mat enger Majoritéit, wéi dat am Moment de Fall ass.

Par contre ass et esou, dass d'Missioun à la base vun där En-



scher Participatioun soll féieren, da muss sech och um Niveau vun der Responsivitéit vun der Majoritéit eppes doen. An dat soll natierlech net heeschen, datt all Propos vun de Bierger einfach blann soll gestëmmt ginn! D'Chamber ass ëmmer nach den demokratesche Representant, bei deem um Enn d'Entscheidungsgewalt läit. An de Seuil u Stëmme, deen erreecht muss ginn, fir als Biergerin oder Bierger eng Gesetzespropos ze maachen, ass jo net vergläichbar mam Seuil vun engem bindende Referendum. Mee et gëtt jo wuel e Mëttelwee tëschent Schäinparticipatioun an direkter Demokratie! An dee besteet ganz einfach doran, datt d'Mandatsträger oppe sinn. An dat misst jo eigentlech ganz einfach sinn.

Mee tëschent Fraktiouns- a Koalitiounszwang oder Versteesdemech, oder wéi een et anescht wëllt ausdrécken, soe mer, Zesummenhalt, bleift an der Realitéit awer oft net méi vill Plaz fir nei Gedanken. An dat ass ganz bedauerlech. Mee dat muss jo net esou bleiwen!

Ech hu mech dofir entscheet, optimistesche op dësen Text ze kucken an deen neien Outil vun der Biergerinitiativ als Chance ze gesinn, an Zukunft méi eng oppe Chamber ze erliewen. Ob dat dann och esou antreffe wäert, wäerte mer gesinn.

Zousätzlech zum Initiativrecht fir d'Biergerinnen an d'Bierger gëtt mat dëser Verfassungsreform och eng nei Dispositioun geschaaft, déi et an Zukunft der Chamber erméigleche soll, per Gesetz ze reegelen, wéi eng Persounkreesser bei enger spezifescher Referendumsfro solle mat ofstëmme kënnen.

A mir Piraten fannen, datt dat eng ganz positiv Ännerung ass. Anescht wéi e puer aner Leit heibanne si mir net der Meinung, datt esou eng Dispositioun eng Gefor ass fir d'Walrecht vun de Lëtzebuerger Biergerinnen a Bierger. Dësen Text seet nämlech weeder, datt an Zukunft all Referendumsfro muss un déi ganz Populatioun gestallt ginn, nach, datt déi Referende bindend solle sinn. D'Verfassung leet d'Recht, dorwäert ze entscheiden, just bei d'Chamber a gëtt selwer keng Virgabe méi.

D'Chamber ka ganz gutt och an Zukunft an all Referendums-gesetz schreiwen, datt just Awunner mat Lëtzebuerger Nationalitéit dierfen un der Wal deelhuele, wann dat de Wëlle vun der Majoritéit heibannen ass. Mee si kann - an ech betounen: „kann“, net „muss“! - bei gewësse Froen och entscheiden, de Persounkrees méi wäit opzemaachen an och auslännesch Awunner matwieleen ze loosene oder méi jonk Awunnerinnen an Awunner matwieleen ze loosene. An dat ka jo bei verschiddenen Theemen duerchaus interessant sinn.

Denke mer nëmmen u Froen, déi d'Gemengepolitik betreffen. Mir wäerten haut nach e Gesetzesprojet stëmmen, deen et den auslännesche Matbiergerinnen a Matbierger wäert vereinfachen, un de Gemengewalen deelzuehuelen. Do mécht et dach nëmmen Sënn, dann dës Bierger och bei de Referenden iwwert d'Gemengefro „matschwätzen“ ze loosene.

Mir gesinn an dëser Verfassungs-ännerung also definitiv keng Gefor, mee eng Stärkung vun der Chamber, déi et den Deputéierten erlaabt, de Persounkrees vun de Wielerinnen a Wieler fir d'Referenden esou festzeleeën, datt en och bei d'Fro passt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn net genuch

Riedezäit, fir op all d'Ännerungen an dësem Verfassungskapitel am Detail anzugeen, mee ee wichtige Punkt wëll ech dann awer nach virum Schluss thematiséieren an dat ass dee vun der Enquêtékommisioun.

Mat der neier Verfassung wäert et der Chamber méiglech sinn, eng Enquêtékommisioun anzeberufen, wann een Drëttel vun den Deputéierten dat fir néideg hält. An dat ass eng wierklech wichteg Stärkung vun der par-

et ass mir egal. Mir hu missen op d'Gericht goen. Glécklecherweis steet elo eppes an der Verfassung iwwer esou Saachen!

An natierlech ass och d'Chamber an der Verantwortung. An, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer eis eescht huelen, da kucke mer, datt mer fir den Hierscht bei der éischter Sëtzung eng Propos fir de Règlement virleien hunn, datt mer endlech deen Informatiounszougang gereegelt kréien, well den Arrêt ass vum

Kommissioun waren, mee awer och, esou wéi ech gesot hunn, dem Paul-Henri Meyers an dem Alex Bodry, well ech weess awer, wéi laang si och un dësen Texter scho matgedoktert hunn. An, sauf erreur de ma part, ass et déi drëtt Legislativperiod, iwwert déi mer un dëser Reform och schaffen.

Dir wësst jo, an ech krut dat jo och erkläert dës le départ, d'Regierung soll sech wa méiglech eraushalen. Ech si frou, dass Der

alles ënnert den Teppech ge-kiert gi wier. Dat ass falsch!

Och d'Regierung virdrun, mat der CSV-LSAP-Regierung oder virdu mat der DP, déi Regierung waren awer Regierungen, wou, wa Problemer waren, och zesummen Enquêtékommisiounen gemaach gi sinn, wou och Konklusiounen doraus gezu gi sinn. An ech mengen, et ass dat, wat wichteg ass. Et soll een elo net d'Gefill ginn, wéi wann elo op eng Kéier alles



De Premierminister, den Här Xavier Bettel

lamentarescher Kontrollfönc-tioun, déi een nëmme begrëisse kann.

Ech deelen do d'Ängshten also och net, datt dës nei Regelung elo dozou féiere kéint, datt duerch ze vill Enquêtes d'Politik kéint ausgebremst ginn. An ech ënnerstëtzen och net den Opruff, datt d'Oppositioun dach wannechgelift spuersam mat dësem Outil sollt ëmgoen, esou wéi wann d'Responsabilitéit hei bei hir léich!

Wa jo wuel ee responsabel derfir ass, datt keng Enquêtékommisiounen gebraucht ginn, dann ass et d'Regierung! Wa si net ze vill Enquêté wëllt, da soll se esou schaffen, datt et keng Enquêté brauch! An dat heescht dann: keng geheim Kontrakter méi, keng Inaktivitéit a Krisenzäiten, kee Favoritismus, keng Plagiater a virun allem en transparent Zesummeschaffe mat der Chamber, wann et ëm d'Deele vun Informatiounen geet.

An hei gesäit den neien Text jo och eng Stärkung vum Informatiounsrecht vun den Deputéierten vir. Ech mengen, datt dëst Recht och dozou bäidroen wäert, datt Enquêtékommisiounen limitéiert wäerte sinn, wann d'Informatiounsrecht an der Praxis dann och applizéiert gëtt an net erëm sëlleg Ausriede fonnt ginn, wéi grad den Här Turmes et elo erëm gemaach huet bei enger legitimer Fro, fir e Kontrakt ze gesinn, deen, mengen ech, net esou geheim ass, wéi d'Regierung hei erëm spillt.

An ech maachen do nach eng Kéier den Appell un d'Regierung, Flexibilitéit ze weisen. Mir kënnen Huis clos maachen, mir kënnen op Ministère kommen,

Januar d'lescht Joer a mir sinn nach ëmmer net weiderkomm! Also dat fänkt esou lues un, lächerlech ze ginn!

An domadder mengen ech, wann deen Accès zu den Dokumenter fonctionéiert, da brauch et manner Enquêtékommisiounen, well da kënnen d'Deputéiert iwwer aner Outiler schonn hir Kontrollföncioun ausüben.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, genee wéi eis Memberen ënnerstëtzen och mir Piraten hei an der Chamber also d'Ännerungen aus dem virleien-de Verfassungskapitel. An domadder ginn ech eisen Accord zu dësem Text.

Ech soen lech Merci.

**M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

#### PRISE DE POSITION DU GOUVERNEMENT

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, erlaabt mer hei fir d'éischt, dass ech dem Här Margue Merci soen, awer och Leit, déi net heibanne sinn. Dat mécht een normalerweis net oft, mee ech wëll dem Här Bodry Merci soen. Ech wëll dem Här Paul-Henri Meyers Merci soen. Ech wëll och deene Leit Merci soen, déi dru geschafft hunn. Ech mengen, dem Mars Di Bartolomeo an dem Simone Beissel an dem Léon Gloden, déi jo schriffteförend och an där

mech toleréiert an Ären Debatte heibannen iwwert d'Verfassung, well et concernéiert mech jo awer och e bëssen indirekt an e puer Punkten.

Deen éischte Punkt ass, dass et wichteg ass - ech war jo och Parlamentarier -, dass och d'Leit vu bause gesinn, dass dat, wat se maachen, dass dat, wou se sech och bedeelege kënnen, seriö geholl gëtt, an awer och wëssen, dass, wann ee Responsabilitéit kritt, een och responsabel muss handelen.

Elo just huet den Här Clement zum Beispill gesot, dass en Enquêtékommisiounen op verschiddene Punkte wëllt asetzen, wou e mech perséinlech zum Beispill zitéiert huet.

**M. Sven Clement (Piraten).** - Ech hunn net gesot, ech wëllt se asetzen.

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Jo, Dir hutt awer Saachen zitéiert. Ech wëll lech just soen, wann eng Enquêtékommisioun just duerno Parteipolitik ass, dann hutt Der net verstanen, wat eng Enquêtékommisioun soll sinn.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Eng Enquêtékommisioun sollt sinn, wann Dysfonctionnement um Niveau vum Staat sinn. An Dir hutt hautdesdaags jo schonn eng Rëtsch Méiglechkeeten an et si schonn Enquêtékommisiounen hei an dësem Land gewiescht. Et soll een net d'Gefill ginn, wéi wann elo en neit Kapitel géif opgemaach ginn, wou elo op eng Kéier esou frësch Loft géif kommen, wou virdrun

géif esou geännert ginn, well am Fong, eng Rëtsch vun deene Kompetenzen, déi haut do sinn, ware schonn d'un usage, wann ech mer dat erlabe kann ze soen, awer am Parlament, dass d'Parlament och déi Haaptföncioun huet, eeben och eng Regierung ze kontrolléieren.

Hei gi Saachen am Fong schwaarz op wäiss geschriwwen, déi awer scho virdrun och en Usage waren. Et soll een elo net maachen, wéi wann elo Gott sei Dank hei endlech d'Chamber kéint d'Regierung kontrolléieren! Dir wësst, dass mer virun lech kommen, dass mer virun lech geruff ginn, dass mer och Froe beäntweren, dass mer dat maachen, wat mer kënnen maachen, esou mat deene Moyenen, déi mer och hunn, dass mer hei zu Lëtzebuerg och ...

An ech soen eise Beamten och Merci, well d'Question-parlementairen, je crois qu'on va battre tous les records vun de Question-parlementairen, a wierklech och eise Beamten! An och, ech hunn hei eis Vize-premierministresch, d'Madamm Lenert. Ech kann lech soen, an där Covidzäit, déi mer elo hanert eis haten, wou d'Beamten un Texter vu moies bis owes geschafft hunn, och e grouse Merci un hir Beamten, déi niewelaanscht nach mat Question-parlementaire bombardéiert gi sinn.

Dowéinst ass et fir mech wichteg, dass mer d'Leit hei net enttäuschen, dass mer wëssen, dass, wa mer Responsabilitéit hunn - an ech soen et selwer als Chef vum Exécutif, mam Grand-Duc selbstverständlech un der Spëtzt, mee vun der Regierung, deen Deel vum Exécutif -, et fir



eis wichtig ass, dass d'Mechanismen an enger Demokratie och fonctionéieren.

Mir solle frou sinn, dass déi Mechanismen och fonctionéieren an dass eng Regierung ..., och wann déi meescht Membere vun enger Regierung - déi meescht, ech soen net „alleguerten“, well si sinn et net alleguerten - hei gewielt gi sinn. Dat heescht, dass ganz oft hei zu Lëtzebuerg d'Tendenz ass, dass den Executif am Fong eng Emanation ass vun engem Resultat vu Legislativwalen. Dat muss ee jo och gesinn, an net nëmmen hei. Dir gesitt och a Frankräich zum Beispill, dass eng Rëtsch vu Ministeren, déi net méi erëmgewielt gi sinn, elo an de Chamberswalen net méi derbäi waren, een also eng strikt Séparation des pouvoirs an deem Land huet. An ech sinn och frou, dass déi weiderfonctionéiere kann!

Dat heescht, d'Enquêtékommisssioun ass wichtig, d'Vertrauensfro ass wichtig, well ech ka mech erënneren, Här President - an ech mengen, den Här Gloden huet et ganz gutt definéiert -, wéi mer hei souzen a wou den Här Juncker eis gesot huet: „Bon, et ass elo fäerdeg.“ Do souze mer alleguerten hei: „Wéi geet et weider?“

Mir stoungen alleguerten hei mam Fanger am Mond, well mer net wossten, wéi et géif weidergoen. Kann e Premier am Fong soen: „Ech léisen d'Chamber op“? De Grand-Duc mécht dat normalerweis, fir eng Chamber opzeléisen. Ass et eng Chamber, déi ...? Also mir souzen an enger Situatioun, wou keen ..., a souguer d'Vefassungsspezialisten hei souzen duerno ..., a wou mir d'Gefill hatten, mir géifen iwwert de Sex vun den Engele schwätzen, well keen am Fong wosst, wat déi richtig Äntwert sollt sinn, an am Fong huet jiddwereen dat interpretéiert de sa manière.

Dowéinst sinn ech och frou, wann déi Reegelen, déi wichtig si fir de Fonctionnement vun engem Staat, och schwaarz op wäiss an enger Verfassung stinn. Ech mengen, hei ass eng wichtig Etapp, an ech sinn iwwerzeegt, dass d'Bierger och wëssen, wat mer hei maachen, an och net op verschidde Geschichten erafalen, déi vun deem engen oder deem aneren erzielt ginn, dass een hei geif probéieren, Saachen ze tournicotéieren a Saachen duerch eng Verfassungsreform eranze kréien.

A just, fir déi ze rassurieren: Ech hunn a mengem Liewen, Här President, ee Referendum organiséiert, een, ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- An alles verluer.

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- ... een organiséiert! Virum Referendum waren Der vill do, nom Referendum stoung ech och e bëssen eleng do. Mee et ass egal. Wann ee fir un der Spëtzt ass vun enger Regierung, dann ass dat och esou.

Ech wëll lech awer just soen, dass d'Resultater kloer waren. An et soll keen hei mengen, dass dës Regierung, dës Majoritéit, géif probéieren, en Ausländerwalrecht, mat 80:20, elo nees duerch d'Hannerdier, duerch iergendeng aner Manéier wëllen eranze kréien. De Message vum Bierger war kloer ...

**Plusieurs voix.**- Très bien

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- ... an de Wëlle vum Bierger och - wat net dat ass, wat mer verteidegt hunn -, an dee wäert dës Regierung och respektéieren. Dat

kann ech lech och garantéieren!

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Premier- a Staatsminister. Den Här Kartheiser freet d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Här President, ech soen ech villmools Merci. Ech wollt awer reagéieren. Ech mengen, normalerweis intervenéiert d'Regierung hei net an där Diskussioun, déi mer elo hunn. Den Här Staatsminister huet awer intervenéiert. En huet e puer Saache gesot.

Ech wëll awer just dem Här Staatsminister soen, dass et fir mech an der Perspektiv vun engem Deputéierten net méiglech ass, fir ze soen, dass e Ministère niewent senger Aarbecht nach bombardéiert gëtt mat Questions parlementaires. Ech mengen, mir sinn hei, fir d'Regierung ze kontrolléieren. An ech wëll net, dass e Minister sech doriwwer beklot, dass e Questions parlementaires gestallt kritt. E soll wannechgelift dorobber äntweren an dat da maachen!

Dat Zweet, dat Zweet ass, wat ech dozou wëll soen ...

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

Dat Zweet ass, wat ech dozou wëll soen, den Här Staatsminister ...

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen, Président.**- Wannechgelift!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Den Här Staatsminister huet absolutt Recht fir ze soen, dass och elo scho Question-parlementaire beäntwert ginn, mee si ginn dacks evasiv beäntwert. An ech wär frou, wann dann elo déi nei Verfassung eng Kéier sollt an d'Realitéit kommen, wouvunner mer ausginn, wann do vläicht en Effort gemaach géif, fir de Respekt virum Parlament awer esou wäit ze dreiwien, dass ee präzis Äntwerte kritt, komplett Äntwerten. Dat wär e Progrès!

A wat d'Enquêtékommisssioun ugeet, Här Staatsminister, mengen ech, dass d'Parlament sech net muss vun der Regierung beléiere loossen, wéi mir mat deem Instrument an Zukunft ëmginn.

Ech soen lech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. Dann nach Parole après ministre fir den Här Clement.

**M. Sven Clement (Piraten).**- Jo, Fait personnel. Also éischstens emol hunn ech bei den Enquêtékommisssiounen gesot, wann d'Regierung ... Ech zitieren nach eng Kéier wuertwärtlech aus menger Ried: „Wa se net ze vill Enquêté wëllt, da soll se esou schaffen, dass et keng Enquêté brauch.“ Do hunn ech eng Rëtsch Saachen opgezielt, déi a mengen Aen net perfekt Regierungshandele waren, respektiv d'Leit, déi an der Regierung sinn, vläicht ugegraff hunn. Domadder kann ech liewen.

Ech hunn awer net gesot, dass fir alles dovun eng Enquêtékommisssioun néideg wär. Bei Inaktivitéit a Krisenzäiten zum Beispill kann ee keng Enquêtékommisssioun maachen, well wann näischt geschaff gëtt, kann een och näischt kontrolléieren. Esou einfach ass et.

Wat ech awer mengen ech, domadder konkret soe wëll, ass: Dës Majoritéit, an do ginn ech dem Premier net Recht ... De Premier huet gesot, d'Enquê-

tékommisssioun als Outil géif fonctionéieren. Ech verweisen drop, dass déi lescht Enquêtékommisssioun doduerjer war, dass hien op säi Poste komm ass, nämlech 2013, an dass zënterhier keng Enquêtékommisssioun méi do war.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Sven Clement (Piraten).**- An dat, obwuel mer e Satellitt hunn, wou d'Cour des comptes der Opposition an alle Punkte Recht ginn huet, wou souguer d'Cour des comptes als neutraalt Organ gesot huet, dass hei d'Chamber belu gouf. Keng Enquêtékommisssioun vun der Majoritéit! D'SuperDrecks-Këscht, eng Affär, mat där sech elo d'Gericht muss erëmpleen: keng Enquêtékommisssioun. Dat ass nach kee Mount hier. D'Gaardenhaischenaffär, eng Affär, mat där sech d'Chamber an d'Gericht mussen erëmpleen, d'Chamber, d'Majoritéit heibannen: keng Enquêtékommisssioun.

**Une voix.**- Valorlux.

**M. Sven Clement (Piraten).**- Altersheemer a Valorlux et j'en passe.

*(Brouhaha)*

Also, wann hei d'Majoritéit behaupt, den Outil vun der Enquêtékommisssioun géif fonctionéieren, da muss ech do awer eng aner Konklusioun zéien. A wann ech héieren, dass den Informationszougang vun den Deputéierten esou gutt géif fonctionéieren, da soll de Premier mer erklären, firwat den Här Turmes refuséiert, der Chamber de Kontrakt mat de Pétrologiganten ze weisen.

**Une voix.**- Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. Ech ginn d'Wuert un de Premierminister. Oder wëllt de Premierminister net dorobber reagéieren? Dat ass net de Fall.

Da komme mer elo zum éischte Vote constitutionnel iwwert d'Proposition 7777. Den Text steet am Document parlementaire 7777<sup>8</sup>. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

#### PREMIER VOTE CONSTITUTIONNEL SUR LA PROPOSITION DE RÉVISION DE LA CONSTITUTION 7777

D'Ofstëmme fänkt un. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Proposition ass mat 47 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mme Diane Adehm, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes et Claude Wiseler ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, MM. Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, MM. Dan Kersch et Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, M. Marc Hansen, Mme Josée*

*Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

#### RÉSOLUTION 1

Da géif ech d'Wuert gi fir d'Resolutioun vum Här Fernand Kartheiser. Wie wëllt nach d'Wuert zu dëser Resolutioun ergräifen? Den Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Merci, merci, Här President. Just e puer Wuert zu der Resolutioun. Ech mengen, eng Verfassung ass do, fir d'Leit, déi hei wunnen, déi hei schaffen, Lëtzeburger an Netlëtzeburger, beieneenzebréngen a beieneenzehalen.

**Une voix.**- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dat ass emol en éischte Constat an net geduecht, fir déi eng géint déi aner an d'Woschuel ze leeën.

Zweetens gesinn ech de Sënn vun enger Resolutioun net an, wou mer eis opfuerderen, eppes net ze maachen, wat mer souwisou net wëlles hunn ze maachen. A mir gesi jo ganz kloer aus deenen Texten, aus deenen Ausféierungen eraus, déi hei gemaach gi sinn, dass dat, wat hei an der Resolutioun drasteet, sécher net op der Dagesuerdnung steet.

Da schwätze mer iwwer e consultative Referendum. Et muss een dat esou gesinn, wéi dat ass.

An da leschtens: Fir déi doten, bon, ech soen net, Ennerstellungen, mee déi doten Eventualitéiten iwwerhaupt kënnen ze envisagéieren, brauch een eng Verfassungsännerung a fir déi Verfassungsännerung brauch een eng Zweedréttelmajoritéit.

An hei huet jiddweree sech ganz kloer bekannt, och no deem Referendum vun 2015, soudass ech déi heite Resolutioun, wann ech ganz fein sinn, als superfatare géif qualifizéieren. Wann ech manner fein wär, da géif ech soen: Et ass hei versicht ginn, nei Grief auszegruewen, wat eng Verfassung net dierf maachen.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Di Bartolomeo. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Léon Gloden.

**M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Ech hunn et op der Tribün gesot an d'CSV huet et ëmmer kloer repetéiert: Mir sinn net fir en Ausländerwalrecht bei de Chamberswalen. An duerfir ass et fir eis och kloer, dass an engem consultative Referendum - do misst jo e Gesetz gestëmmt ginn, dass d'Modalitéite festleet - d'Ausländer net kënnen mat consultéiert ginn.

Op där anerer Säit ass déi Resolutioun hei awer net bis zum leschte Punkt kloer an och net kohärent. Hei soll zum Beispill och d'Méiglechkeet geschaaft ginn, dass e consultative Referendum nëmme fir Lëtzeburger ass fir d'Kommunalwalgesetz. Or, an enger hallwer Stonn wäerte mer d'Kommunalwalgesetz op d'Ausländer ausweiden. Meng Partei ass do dofir an ech ka mer dat och virstellen a Beräicher wéi zum Beispill der Kultur, wou een awer vläicht ka méi e grouse Cercle befreien, ech soen elo, wann ee wëllt e Kulturjoer op Lëtzebuerg huelen oder esou. Duerfir huet meng Fraktioun

decidéiert, sech bei dëser Resolutioun ze enthalten.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Gloden. Da geet d'Wuert un den honorabelen Här Charles Margue.

**M. Charles Margue (déi gréng).**- Am Numm vu menger Fraktioun géif ech och wëlle soen, dass mer déi Resolutioun do net géife matdroen, engersäits, wat ech virduen als Rapporteur gesot hunn, well d'Froe vum Walrecht, déi meng Virriedner genannt hunn, gekläert sinn. A mir sinn eis awer och eens ginn an der Kommisssioun, dass mer de Referendum kënnen notzen als consultatiiv Instrument, als ee vun de weidere Mëttele vun enger méi breeder Biergerbedeelegung. Et ass e consultativen, net bindende Referendum, fir eis an Zukunft méi schlau ze maachen a Froen, déi opkommen.

Wat hei proposéiert gëtt, dat ass Science Fiction, dat ass reng spekulativ op eng Praxis, déi sech wäert etabléieren a wou mer nach ëmmer wäerte Gesetzer heibannen huelen all zesammen, fir ze kucken, wéi grouss de Perimeter dann ass.

Mir wäerten elo de Mëtteg nach dat anert Gesetz stëmmen, wou mer den Zougang zu de Gemenegale fir all Bierger hei am Land opmaachen. Et kënnen an esou engem méigleche Referendum, wouriwwer hei elo an der Verfassung rieds ass, och zum Beispill Froen opkommen, wéi et dann ass mat der Gesondheitsversuergung, wéi et dann ass mat der Schoulversuergung hei am Land. An ech mengen, dat betrëfft nun awer wierklech all d'Leit, déi hei am Land liewen, wunnen an zum Rächtm baidroen. Duerfir soll een dat net a priori ausschléissen an e breet Feld do uféieren, fir dat auszeschléissen.

Duerfir soen ech mat ganz klorer Iwwerzeegung, dass déi Resolutioun fir eis gréng Fraktioun absolutt net drobar ass.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Margue. Da kënnen mer elo zum Vott vun dëser Resolutioun kommen. Nee, den Här Kartheiser wëllt nach eng Kéier drop reagéieren.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, ech wollt als Auteur nach reagéieren. Villmools merci. Ech mengen, dass hei war elo inte-ressant. Mir hunn de Vott geholl iwwert dat véiert Kapitel vun der Verfassungsrevisioun an ech mengen, ech hunn elo net chronométréiert, mee et huet ongeféier dräi Minutte gedauert, bis déi Leit sech demasquéiert hunn, déi eigentlech dat maachen, wat ech geduecht hat a menger Ried, wat se géife maachen, nämlech Excusen ze sichen, fir herno awer kënnen och a Froen, déi d'Souveränitéit betreffen, de Referendum opzemaachen fir Ausländer.

Ech wëll hei just op e puer Saachen agoen. Natierlech gëtt et Froen, do hu mir och kee Problem domat, wann auslännesch Matbierger gefrot ginn. Et hänkt dovun of, am Gesondheitswesen ..., ech weess net, ech wëll elo keng Froen erfannen. Jo! Mee dat heite betrëfft Souveränitéitsfroen! Et betrëfft d'Essenz vun eiser Natioun an och do gesinn ech jo Retizenzen. D'CSV, an engem formidabele couragéierten Akt, enthält sech! Dat ass wierklech remarkabel, fir sech ze enthalten, wann et ëm Souveränitéitsfroen geet!

*(Interruptions)*

D'Regierungs..., jo, ëm eis Sprooch, ëm eis Kultur, ëm eis



Souveränitéit, d'CSV enthält sech. Dat ass eng Positioun, déi muss een och emol fannen!

An dann de Referendum 2015, loosse mer dat dach net vergiessen, dee war och consultativ. Mee wann Der deen nächste consultative maacht, wéi ee géllt da méi? Et ass dach dat, et ass dach just dat! An ech weess net, wéi laang ech nach an der Politik sinn a wéi laang et dauert. Dofir maachen ech elo keng Wetten.

*(Brouhaha)*

Ech maachen elo keng Wetten doriwwer. Mee ech sinn awer iwwerzeegt, a meng Nofollger wäerte sech dann dorunner erënneren, wa se déi Enregistremente vun haut liesen an nokuken, ech sinn iwwerzeegt, datt d'ADR Recht huet an datt bei där eischer Geleeënheet déi Leit, déi wierklech ëmmer fir d'Ausländerwalrecht agetruede sinn, dat hei auspaken an et maachen!

An dofir sinn ech houfreg, datt d'ADR heibanne weinstens déi Partei ass, déi dat kloer seet, déi drop opmierksam mécht an déi sech fir d'Lëtzebuerger asetzt a fir d'Resultat vum Referendum 2015. Mir sinn déi eenzeg!

*(Interruptions)*

**M. Fred Keup (ADR).**- Très bien!

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. Dann huet den Här Sven Clement nach d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement (Piraten).**- Dat doten ass eng intellektuell Onéierlechkeet, wéi ech se seelen heibannen héieren, ze maachen, wéi wann e consultative Referendum op eemol géif d'Verfassung änneren. Also, esou einfach geet et net!

Wann et esou einfach géif goen, da kéinte mer muer och einfach soen: „Mat engem TNS ILReS-Sondage ännere mer d'Verfassung!“ Et géif vläicht heiansdo méi séier goen. Et géife sech ganz vill Debaten erspieren. Esou einfach geet et an engem Rechtsstaat net!

Mir hu Prozeduren. Déi Prozedure sinn heiansdo laang an ech mengen, wien an där heiter Verfassungsännerung matgeschafft huet, konstruktiv matgeschafft huet, deen huet gemierkt, wéi laang et gedauert huet, bis déi véier Kapiteln accouchéiert waren. Also, ze ënnerstellen, hei géif duerch e consultative Referendum méiglecherweis d'Verfassung geännert ginn, dat ass einfach onéierlech an dat, mengen ech, weist, datt déi ganz Resolutioun hei just Politique politicienne ass, fir mat enger Onéierlechkeet hauséieren ze goen, déi einfach net do ass!

**Une voix.**- Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement. Da ginn ech d'Wuert nach un den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Ma, Här President, ech hat geduecht, dass mer esou Stellungnamen hei am Parlament net géifen erliewen an dass esou Banneschule fir ofzerutschen an eng Welt vun Hallefwoorechten an Ennerstellungen eis géifen erspuert bleiwen.

**M. Yves Cruchten (LSAP).**- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Eis Texter an der Verfassung si ganz kloer an déi Texter an der Verfassung kënnen nëmmen iw-

wer eng Zweedréttelmajoritéit geännert ginn!

**M. Yves Cruchten (LSAP).**- Voilà!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Kloertext, Kloertext!

**Une voix.**- Jo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- A wann een esou mécht, wéi wann een déi Zweedréttelmajoritéit kéint mat engem Fiederstréch ewechwëschen, dann ass een onéierlech. Dat si Fakeno-riichten! An ech géif eis Kollege vun där anerer Säit bei esou Ennerstellunge wierklech bidden, hir Haltung vun der Enthaltung ze revidéieren, well bei esou Hallefwoorechten an Ennerstellunge gëtt et keng Enthaltung!

**M. Yves Cruchten (LSAP).**- Voilà! Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Di Bartolomeo. Dann huet d'Madamm Nathalie Oberweis d'Wuert gefrot.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Jo, merci, Här President. Ech hat, wann een dem Här Kartheiser nolauscht, e bësselchen d'Gefill, dass si eis net lëtzebueresch Matawunner als Menace fir eis Souveränitéit wouerhuelen. Esou héiert et sech un.

An do huet een och d'Gefill, dass mer, wann et hinnen no géif goen, an engem Land mat verschiddene Klasse géife liewen, wou mer Bierger zweeter Klass hunn, an dat wäeren dann déi Netlëtzebuerger.

An ech géif gär vun hinne wëssen, ob si eis net lëtzebueresch Matbierger, Matawunner als - wéi soll ech soen? - Menace fir eis Souveränitéit gesinn respektiv ob déi eis Souveränitéit a Fro stellen, well esou kléngt et nämlech. Ech géif gären eng Äntwert dorop kréien.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Oberweis. Da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier kuerz zrëck un den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Also, déi Prozedur, Här President, déi mer wäerte gesinn, dat ass, datt e consultative Referendum organiséiert gëtt mat der Participatioun vun Ausländer, wéi de Conseil national pour étrangers dat jo och afuerdert. Dee Rapport hunn ech lech virgelies, dee Kommentar.

Da kënnst dobäi e Resultat eraus. Wann dat déi arrangéiert, déi gären Ausländerwalrecht hätten, da gëtt dono natierlech déi Prozedur ageleet fir déi Zweedréttelmajoritéit. Et ass net de Referendum, deen dat ännert, mee de Referendum mécht d'Dier op, fir dee Wee ze goen. Et ass jo evident. Dat ass dee politesche Wee, dee gewielt gëtt!

An dann hunn natierlech eis auslännesch Matbierger - jo, mir sinn an engem souveräne Staat wéi a Frankräich an Däitschland an England an all anerem Land op der Welt -, d'Staatsbierger déi politesch Rechter. Dat ass normal, dat ass d'Normalitéit. Mir hate gëscher iwwert en anert Land geschwat oder iwwer en Territoire, wou eeben d'Staatslechkeet net do ass. Dat ass den Ennerscheid eeben.

An et ass d'Staatsvollek, definiert duerch d'Nationalitéit, dat déi politesch Rechter an all Land op der Welt huet. Dat heescht net, datt déi aner Bierger zweeter Klass sinn. Dat heescht einfach, datt si déi po-

litesch Rechter vun deem Land hunn, wou se hierkommen. Wann e Fransous zu Lëtzebuerg wunnt, huet en déi franséisch politesch Rechter, fir an der Assemblée nationale matzewielen. En huet also net keng politesch Rechter, mee en huet déi politesch Rechter, déi u säin nationale Statut gebonne sinn. Voilà, ganz einfach, ganz normal, ganz logesch, ouni all Diskriminatioun!

**Une voix.**- Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. Da freet nach eng Kéier d'Madamm Cecchetti d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Jo, ech muss awer och elo eppes dozou soen. Also, ech mengen, mir sinn awer hei an engem ganz spezielle Land a mir si geschwënn als Lëtzebuerger hei an der Minoritéit. An da muss ee sech awer froen, ob et wierklech nach ka sinn, datt e Parlament, dat an der Minoritéit ass, iwwer eng Majoritéit Gesetzer erléisst a bestëmmt.

A mir si frou, wann Ausländer eis Toilette botzen, a mir si frou, wa se um Bau d'Schëpp hunn, a mir si frou, wa se fir de Räichtum vun dësem Land futtiginn.

*(Brouhaha)*

Awer wa mer hei iwwert d'Demokratie schwätzen, dann hu mer awer elo op eng Kéier e Problem.

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

Ech fannen, do muss een awer kënnen driwwer diskutéieren! An et ass, wéi et hei gesot ginn ass, nach net mat engem Fiederstréch, datt iergendepes hei geännert ginn ass. Mee esou, wéi den Discours hei leeft, fannen ech dat awer net gutt!

Ech fannen, et muss een déi Leit respektéieren, a wéi gesot, mir sinn net hei an engem Land wéi Frankräich, dat risegrouss ass. Mir sinn e klengt Land a mir hu ganz vill Ausländer, déi hei wunnen. A mir hunn der vill, déi sech och vläicht e bësse fir Politik interesséieren, an déi wäerte wierklech net frou sinn iwwer eis Discoursen hei an der Chamber.

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Cecchetti. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum (DP).**- Merci, Här President. Ech fannen, dass mer de Mëtteg bis zum Depot an zur Diskussioun iwwert dës Resolutioun e ganz propperen, éierlechen Debat haben. An ech mengen, dat heiten ass och thematiséiert ginn. Et ass vum Här Di Bartolomeo thematiséiert ginn, et ass vum Här Margue thematiséiert ginn, et ass vum der Madamm Beissel thematiséiert ginn.

Mir kréien hei eng Resolutioun dohinngeruecht, déi absolutt net dat erëmgëtt, wat duerch de Vott vun dëser Ännerung an der Constitutioun matgedelt gëtt. Dat heiten ass einfach falsch, wat hei geschriwwen gëtt. Et ass erkläert ginn, dass d'Verfassung misst geännert gi mat enger Zweedréttelmajoritéit, fir hei den Zougang zu deem opzemaachen, wat hei gefuerdert gëtt. Also, ech fannen, et deet mer leed, mir hunn elo wierklech den Tour gemaach, ech wëll kengem d'Wuert ewechhuelen, dat, wat hei an der Resolutioun steet, ass einfach faktesch falsch an ech géif proposéieren, dass mer zum Vott iwwer gi vun dëser Resolutioun an dann zum Ordre du jour weiderginn.

**M. Fred Keup (ADR).**- Nee, et ass richtig!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Baum. Da wëll ech nach d'Wuert un d'Madamm Josée Lorsché gi fir eng Richtegstellung.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Jo, villmools merci, Här President. Ech wëllt eng kleng Richtegstellung maachen a puncto Aussoe vum Här Clement, dee behaupt huet, dass de Claude Turmes en Dokument géif zrëckbehalen, wat de Programme conclu entre le Ministre de l'Économie et les distributeurs de produits pétroliers ugeet. Den Här Turmes huet de 27. Juni 2022 e Bréif un d'Chamber geriicht, wou en dra prezisiéiert huet, datt en der Chamber dat Dokument wëllt zur Verfügung stellen. An Dir hutt dee Bréif och kritt an duerfir kënnst Der elo net behaupten, e géif et net hei wëllen opleeën!

De Problem ass natierlech deen, dass mer déi Prozeduren nach net gereegelt hunn, wéi dat Dokument soll agesi ginn.

*(Brouhaha)*

Dass mer mussen doru schaffen, dat ass ganz kloer. Et soll net un eis scheitern, ganz sécher net. Mir wäerte mathëllefen, déi Prozeduren ze definéieren. A mir hu bis elo ëmmer doru matgeschafft. Et mussen natierlech och Kommissiounen oder Bürossëtzunge stattfannen, wou mer déi néideg Zäit hunn, fir dat ze maachen. Mee op jidde Fall scheitert et net um Här Turmes, wéi Dir dat hei behaupt hutt!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci der Madamm Lorsché fir déi Kloerstellung. Den Här Clement freet d'Wuert fir Fait personnel.

**M. Sven Clement (Piraten).**- Pardon, mee dat doten, dat ass um Punkt an um Komma erëmgeridden!

*(Interruptions et coups de cloche de la présidence)*

Fakt ass, Fakt ass, Madamm Lorsché: Mir als Deputéiert kruten deen Text net virgeluecht! Soss ass näischt do!

**Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Allez, allez!

**M. Sven Clement (Piraten).**- Jo, „allez, allez!“, sot Dir „allez, allez!“, mir si schonn eng Kéier op d'Gericht gaangen! Mir krute vum héchste Verwaltungsgeriicht kloer gesot, datt d'Deputéiert d'Recht hunn, esou eppes ze kucken, an datt dat net weidergeet. Wien ass dann do? Mir hunn hei eng Majoritéit. Wann där Majoritéit hei wierklech dru geleeë wär, datt et géif virugoen an deenen Dossieren, da géif et méi Bürossëtzunge ginn, da géif et méi Conferencessëtzunge ginn, dann hätte mer en Text. Nee, et arrangéiert jiddwereen e bëssen, datt dat net weidergeet!

Mir hunn elo nach an der Verfassung eppes gestëmmt, wou deen Accès nach eng Kéier verankert gëtt. An ech soen lech ganz éierlech, mir wäerten eis net ginn! Fakt ass, den Här Turmes huet eis geschriwwen: „Jo, ech wëll lech et ginn, sous condition, datt ...“

**Une voix.**- Nee!

**M. Sven Clement (Piraten).**- An déi Konditioun läit net an eiser Hand! An dat bedeit, datt mir et net an der Hand hunn, an dat bedeit, datt den Här Turmes et zrëckhält!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement. Ech ginn

d'Wuert nach eng Kéier zrëck un d'Madamm Lorsché.

**M. Sven Clement (Piraten).**- Den Här Turmes huet eppes ze verstoppem, soss hätt en et ginn.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Ech sinn normalerweis kee Mënsch, dee sech drunhält hei, ganz sécher net. Mee ech wëll awer nach eng Kéier soen, an dat kann een an den Opnamelauschteren, datt Dir gesot hutt: „Den Här Turmes hält d'Dokument zrëck.“ Dat ass net wouer!

**M. Sven Clement (Piraten).**- Mee dat mécht en och effektiv!

**Une voix.**- Ma nee!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Wannechgelift, Här Clement. Dir sidd ausschwätze gelooss ginn, da loosst och déi aner ausschwätzen.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Soubal Dir eng Kéier kritiséiert gitt, kritt Der héije Bluttdrock. Dir musst lech vläicht e bëssen ugewinnen, Äre Bluttdrock ënnen ze halen. Et ass einfach falsch ze behaupten, datt den Här Turmes en Dokument zrëckhält. Dat ass faktesch falsch! En huet a sengem Bréif geschriwwen, dass en der Chamber et gëtt. An d'Verantwortung läit net bei him, mee si läit bei eis alleguer.

**M. Sven Clement (Piraten).**- Ech ginn dann elo op de Ministère kucken.

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Lorsché. Ech mengen, zu deem Punkt ass och elo alles gesot. An ech mengen, mir kënnen elo iwwert d'Resolutioun ofstëmmen. Nee, do wëllt den Här Wiseler nach eppes soen.

**Plusieurs voix.**- A!

**M. Claude Wiseler (CSV).**- Merci, Här President. Ech wëll eppes soen, well mer direkt nach eng Kéier ugeschwat gi si vun engem Representant vun der Majoritéit.

**M. Fernand Etgen, Président.**- Jo.

**M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech wëll deem soen, datt mir wëssen, wat mer soen, a wëssen, wat mer stëmmen, ...

**Mme Martine Hansen (CSV).**- Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV).**- ... a keng Lektionen, weeder vun lech, nach vun iergendengem aneren, ze kréien hunn. De Léon Gloden huet eis Positioun an aller Däitlechkeet, an aller Kloeerheet hei beschriwwen. An do ass am Fong net méi vill derbäizesoen.

Mir soen: Wann et ëm Froe geet vum nationale Walrecht, dann ass et evident, datt an eisen Ae just déi walberechtegt Lëtzebuerger och bei engem consultative Referendum kënnen matstëmmen! Dat ass eng Evidenz fir eis, an ech denken, och fir jiddwereen heibannen.

Just zu dëser Motioun: Ech fannen, datt se esou generell ass an erëm alles matenee vermëscht gëtt, datt ee se an där Generalitéit an eisen Aen net kann akzeptéieren. De Léon Gloden huet dat ganz kloer an däitlech gesot.

Ech wëll just zu där Diskussioun hei soen, datt ech am Fong déi Diskussioun onwierdeg fannen, well se just aus poleemesche Grënn als Motioun eragereecht ginn ass, well esou Diskussiounen an esou Motiounen och just e spaltenden Effekt op eis



politesch Gesellschaft an op d'Gesellschaft am Allgemengen hunn. An dat fannen ech onseriö an am Fong onwierdeg.

Selbstverständlech hale mer déi Positioun bäi, déi de Léon Gloden virdu gesot huet.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.-** Merci villmools, Här Wiseler.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).-** Bei esou eppes kann ee sech net enthalen, Här Wiseler!

**M. Fernand Etgen, Président.-** Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert dës Resolutioun.

#### VOTE SUR LA RÉOLUTION 1

**Une voix.-** Dräimol nee!

**M. Fernand Etgen, Président.-** D'Ofstëmmen fänkt un. Da maa-che mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Resolutioun ass bei 4 Jo-Stëmmen géint 35 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ofgeleent.

**Ont voté oui :** MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

**Ont voté non :** MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Dju-na Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Dju-

na Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par M. Marc Hansen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

**Se sont abstenus :** Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Misch, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp).

#### 5. DÉPÔT D'UNE DEMANDE D'ORGANISATION D'UN REFERENDUM TEL QUE PRÉVU À

#### L'ARTICLE 114, ALINÉA 3 DE LA CONSTITUTION

Da ginn ech nach dem Här Kartheiser d'Wuert. Ech mengen, do geet et ëm den Député initiateur.

#### EXPOSÉ

**M. Fernand Kartheiser (ADR).-** Här President, Dir kënnt Gedanken liesen. Also, mir wëllen eiser Traditioun och selbstverständlech treu bleiwen - mir hunn dat bei deenen dräi éischten Deeler gemaach. Dir wësst, d'ADR ass konsequent fir de Referendum.

Et gëtt zwee Weeër. Deen een ass, datt mer op d'mannst 16 Deputéierter fannen, fir dat ze ënnerschreien, de Brëf vum Député initiateur, dat ass den Artikel 189 vun eisem Reglement. Oder, wa sech eventuell eng Biergerinitiative fënnt, datt dann erëm de Wee iwwert d'Gemeinde méiglech ass. Wa Leit dann de Referendum wël-

len, da kënne se ënnerschreie goen.

(Interruption)

Dat heiten ass, wéi gesot, d'Prozedur vum Député initiateur. An ech hoffen, datt heibanne 16 Deputéierter ënnerschreien.

Ech soen lech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président.-** Merci villmools, Här Kartheiser.

**Une voix.-** Die Hoffnung stirbt zuletzt.

**M. Fernand Etgen, Président.-** Dës Punkt wier domat definitiv ofgeschloss.

(La suite de cette séance sera publiée ultérieurement au compte rendu officiel.)



Am Kader vun enger Table ronde débattieren d'Deputéiert vun alle politesche Parteien, déi an der Chamber vertruede sinn, iwwert de véierten Deel vun der Verfassungsreform (v. l. n. r.: Madamm Nathalie Oberweis, Här Fernand Kartheiser, Här Sven Clement, Här Charles Margue, Madamm Simone Beissel, Här Léon Gloden, Här Mars Di Bartolomeo) mat enger Moderatioun vun der Madamm Monique Faber vum Service Relations publiques vun der Chamberverwaltung (riets).

#### TEXTE COORDONNE PROPOSE PAR LA COMMISSION DES INSTITUTIONS ET DE LA REVISION CONSTITUTIONNELLE

#### N° 7777 - PROPOSITION DE REVISION DES CHAPITRES IV ET VBIS DE LA CONSTITUTION

Art. 1<sup>er</sup>. Le chapitre IV de la Constitution est libellé comme suit :

#### « CHAPITRE IV. – DE LA CHAMBRE DES DEPUTES

#### SECTION 1<sup>RE</sup>. – DE LA REPRESENTATION DU PAYS

**Art. 50.** La Chambre des Députés représente le pays. Elle exerce le pouvoir législatif. Elle contrôle l'action du Gouvernement.

Les députés votent sans en référer à leurs commettants et ne peuvent avoir en vue que l'intérêt général.

#### Art. 51.

(1) La Chambre se compose de soixante députés.

(2) Les députés sont élus pour cinq ans.

(3) L'élection est directe. Elle a lieu sur la base du suffrage universel, au scrutin de liste, suivant les règles de la représentation proportionnelle, conformément au principe du plus petit quotient électoral. Le vote est obligatoire et secret. Ses modalités sont déterminées par la loi.

(4) Le pays est divisé en quatre circonscriptions électorales : 1° le Sud avec les cantons d'Esch-sur-Alzette et Capellen ; 2° le Centre avec les cantons de Luxembourg et Mersch ; 3° le Nord avec les cantons de Diekirch, Redange, Wiltz, Clervaux et Vianden ; 4° l'Est avec les cantons de Grevenmacher, Remich et Echternach.

Une loi adoptée à la majorité qualifiée fixe le nombre des députés à élire dans chacune des circonscriptions.

#### Art. 52.

(1) Pour être électeur, il faut être Luxembourgeois et être âgé de dix-huit ans.

(2) Pour être éligible, il faut en outre être domicilié au Grand-Duché de Luxembourg.

(3) Les juridictions peuvent, dans les cas prévus par la loi, prononcer l'interdiction du droit de vote et d'éligibilité.

#### Art. 53.

Le mandat de député est incompatible avec la fonction de membre du Gouvernement et celle de membre du Conseil d'Etat.

Cette même incompatibilité s'applique aux emplois et fonctions publics à déterminer par une loi adoptée à la majorité qualifiée. Elle peut être étendue à d'autres mandats politiques à déterminer par une loi adoptée à la majorité qualifiée.

#### Art. 54.

(1) Le député, nommé par le Gouvernement à un emploi rémunéré qu'il accepte, cesse immédiatement de siéger et ne reprend sa fonction qu'en vertu d'une nouvelle élection.

(2) Le député, appelé à la fonction de membre du

Gouvernement, perd son mandat de député. Il est réinscrit sur la liste sur laquelle il a été élu comme suppléant dans l'ordre des suffrages obtenus. Il en est de même du député suppléant qui, appelé à la fonction de membre du Gouvernement, renonce au mandat de député lui échu au cours de cette fonction. En cas de concours entre plusieurs ayants droit, la réinscription est faite dans l'ordre des suffrages obtenus aux élections.

(3) Les personnes qui se trouvent dans un cas d'incompatibilité ont le droit d'opter entre le mandat de député et leur emploi ou activité.

#### SECTION 2. – DE L'ORGANISATION ET DU FONCTIONNEMENT DE LA CHAMBRE DES DEPUTES

#### Art. 55.

(1) La Chambre des Députés se réunit en séance publique de plein droit le troisième mardi suivant la date des élections pour vérifier les pouvoirs de ses membres.

(2) Il appartient à la Chambre des Députés de constater que l'un de ses membres a perdu la qualité de député en raison de la survenance, en cours de mandat, d'une cause d'inéligibilité au sens de l'article 52 ou d'une incompatibilité au sens de l'article 53.

(3) Un recours contre ces décisions est ouvert devant la Cour Constitutionnelle. Les modalités de ce recours sont réglées par la loi.

(4) A leur entrée en fonction, les députés prêtent en séance publique le serment qui suit : « Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir ma fonction avec intégrité, exactitude et impartialité. »

(5) La réunion en séance publique de la Chambre des Députés issue des élections au sens du paragraphe 1<sup>er</sup> fait cesser les fonctions de la Chambre des Députés issue des élections précédentes.

#### Art. 56.

La Chambre des Députés détermine par son Règlement



le mode suivant lequel elle exerce ses attributions ainsi que son organisation matérielle et financière, y compris le statut de ses fonctionnaires.

Le Règlement de la Chambre des Députés détermine les mesures d'exécution des lois qui concernent son organisation.

**Art. 57.**  
La Chambre des Députés nomme son président et ses vice-présidents et compose son bureau.

**Art. 58.**  
Les séances de la Chambre des Députés sont publiques, sauf les exceptions à déterminer par son Règlement.

**Art. 59.**  
La Chambre des Députés ne peut prendre de décision, résolution et motion qu'autant que la majorité des députés se trouve réunie.

Toute décision, toute résolution, toute motion est prise à la majorité des suffrages. Les abstentions n'entrent pas en ligne de compte pour le calcul de la majorité. Le vote par procuration est admis. Nul ne peut toutefois recevoir plus d'une procuration.

Les décisions et les résolutions dont l'adoption requiert la majorité qualifiée en vertu de la Constitution doivent réunir au moins les deux tiers des suffrages des députés, le vote par procuration n'étant pas admis.

**Art. 60.**  
Le Règlement de la Chambre des Députés détermine les règles de majorité pour la désignation de personnes à des mandats ou fonctions à laquelle procède la Chambre des Députés.

**Art. 61.**  
Le Grand-Duc ne peut fixer des élections anticipées que si la Chambre des Députés, à la majorité de ses membres, soit rejette une motion de confiance au Gouvernement, soit adopte une motion de censure à l'égard du Gouvernement.

En cas de démission du Gouvernement, le Grand-Duc, après avoir reçu l'assentiment de la Chambre des Députés exprimé à la majorité absolue des députés, fixe des élections anticipées.

Les nouvelles élections ont lieu au plus tard dans les trois mois.

Le Grand-Duc ne peut pas fixer des élections anticipées pendant l'état de crise.

**Art. 62.**  
Les membres du Gouvernement ont entrée dans la Chambre des Députés et doivent être entendus quand ils le demandent.

**Art. 63.**  
Aux fins d'exercer les missions prévues à l'article 50, la Chambre des Députés peut :  
1° demander la présence d'un ou de plusieurs membres du Gouvernement ;  
2° adresser au Gouvernement des questions et interpellations auxquelles le Gouvernement est tenu de répondre ;  
3° requérir de la part du Gouvernement tous informations et documents ;

4° adopter une motion de confiance ou de censure à l'égard du Gouvernement.

L'exercice de ces prérogatives est organisé par le Règlement de la Chambre des Députés.

**SECTION 3. – DE L'ADOPTION DES LOIS**

**Art. 64.**  
Le Gouvernement dépose à la Chambre des Députés des projets de loi.

**Art. 65.**  
Chaque député a le droit de soumettre des propositions de loi à la Chambre des Députés.

**Art. 66.**  
(1) Les lois sont adoptées par la Chambre des Députés.

(2) La Chambre des Députés peut amender les projets de loi et les propositions de loi.

(3) La Chambre des Députés vote sur l'ensemble de la loi. Le vote est toujours nominal. A la demande de cinq députés au moins, le vote sur l'ensemble de la loi peut être précédé par un vote portant sur un ou plusieurs articles de la loi.

les conditions et avec les effets à déterminer par la loi.

**Art. 69.**  
La Chambre des Députés a le droit d'enquête. La loi règle l'exercice de ce droit.

Une commission d'enquête doit être instituée si un tiers au moins des députés le demande.

**Art. 70.**  
La Chambre des Députés reçoit les pétitions qui lui sont adressées dans la forme prescrite par son Règlement.

**Art. 71.**  
L'Ombudsman est nommé par le Grand-Duc sur proposition de la Chambre des Députés, votée à la majorité qualifiée prévue à l'article 59, alinéa 3.

Les attributions et les règles de fonctionnement de l'Ombudsman et les relations avec la Chambre des Députés sont déterminées par la loi.

**SECTION 5. – DU STATUT DU DEPUTE**  
**Art. 72.**

Aucune action, ni civile ni pénale, ne peut être dirigée

Art. 2. Le chapitre Vbis de la Constitution est libellé comme suit :

**« CHAPITRE VBIS. – DU CONSEIL D'ETAT**

**Art. 83bis.**  
Le Conseil d'Etat donne son avis sur les projets de loi et les propositions de loi ainsi que sur les amendements qui pourraient y être proposés.

S'il estime qu'un projet de loi ou une proposition de loi comporte des dispositions non conformes à la Constitution, aux traités internationaux auxquels le Grand-Duché de Luxembourg est partie, aux actes juridiques de l'Union européenne ou aux principes généraux du droit, il en fait mention dans son avis.


Lorsque la Chambre des Députés a procédé à un vote article par article d'un projet ou d'une proposition de loi, sans que le Conseil d'Etat ait émis son avis, la Chambre des Députés peut voter sur l'ensemble de la loi en observant un délai d'au moins trois mois après en avoir informé le Conseil d'Etat.

sa publication au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg.

A compter du jour de l'entrée en vigueur de la présente loi, toutes les dispositions légales ou réglementaires contraires à la Constitution ne sont plus applicables.

Toutes les autorités conservent et exercent leurs attributions, jusqu'à ce qu'il y ait été pourvu, conformément à la Constitution. »

**Art. 4.** Les articles de la Constitution révisée, conformément à la loi du JJMMAAAA portant révision du chapitre VI de la Constitution, à la loi du JJMMAAAA portant révision des chapitres I<sup>er</sup>, II, III, V, VII, VIII, IX, X, XI et XII, à la loi du JJMMAAAA portant révision du chapitre II de la Constitution, et à la présente loi, sont renumérotés, et les renvois sont adaptés, tout en remplaçant les termes « dans les conditions de l'article 113, alinéa 2, de la Constitution » par ceux de « à la majorité qualifiée ». Le texte figurant en annexe à la présente loi constitue le texte de la



(4) Toutes les lois sont soumises à un second vote, à moins que la Chambre des Députés, d'accord avec le Conseil d'Etat, siégeant en séance publique, n'en décide autrement. Il y aura un intervalle d'au moins trois mois entre les deux votes.

**SECTION 4. – DES AUTRES ATTRIBUTIONS DE LA CHAMBRE DES DEPUTES**

**Art. 67.**  
La Chambre des Députés se prononce en séance publique sur les propositions motivées aux fins de légiférer, présentées par cent vingt-cinq et soutenues par douze mille cinq cents électeurs au moins.

La loi règle l'exercice de ce droit d'initiative législative.

**Art. 68.**  
La Chambre des Députés peut décider d'avoir recours au référendum dans les cas, sous

contre un député à l'occasion des opinions et votes émis par lui dans l'exercice de ses fonctions.

**Art. 73.**  
A l'exception des cas visés par l'article 72, les députés peuvent être poursuivis en matière pénale.

Cependant, l'arrestation d'un député est, sauf le cas de flagrant délit, soumise à autorisation préalable de la Chambre des Députés.

Une autorisation de la Chambre des Députés n'est pas requise pour l'exécution des peines, même celles privatives de liberté, prononcées à l'encontre d'un député.

**Art. 74.**  
Les députés touchent une indemnité, dont le montant et les conditions sont fixés par la loi. »

Sauf les cas d'urgence à apprécier dans les limites de la loi par le Grand-Duc, le Conseil d'Etat donne son avis sur les projets de règlement à prendre pour l'exécution des lois et des traités internationaux et pour l'application des actes juridiques de l'Union européenne. S'il estime que le projet de règlement n'est pas conforme aux normes de droit supérieures, il en fait mention dans son avis.

La Chambre des Députés et le Gouvernement peuvent déférer au Conseil d'Etat toutes autres questions selon les modalités déterminées par la loi.

**Art. 83ter.**  
L'organisation du Conseil d'Etat et la manière d'exercer ses attributions sont réglées par la loi. »

**Art. 3.** La présente loi entre en vigueur le *premier jour du sixième mois qui suit*

Constitution du Grand-Duché de Luxembourg.

**ANNEXE : TEXTE COORDONNE DE LA CONSTITUTION DU GRAND-DUCHE DE LUXEMBOURG**

**CONSTITUTION DU GRAND-DUCHE DE LUXEMBOURG**

**CHAPITRE I<sup>ER</sup>. – DE L'ETAT, DE SON TERRITOIRE ET DE SES HABITANTS**

**SECTION 1<sup>RE</sup>. – DE L'ETAT, DE SA FORME POLITIQUE ET DE LA SOUVERAINETE**

**Art. 1<sup>er</sup>.**  
Le Grand-Duché de Luxembourg est un Etat démocratique, libre, indépendant et indivisible.

**Art. 2.**  
Le Grand-Duché de



Luxembourg est placé sous le régime de la démocratie parlementaire. Il a la forme d'une monarchie constitutionnelle.

Il est fondé sur les principes d'un Etat de droit et sur le respect des droits de l'Homme.

**Art. 3.**  
La souveraineté réside dans la Nation dont émanent les pouvoirs de l'Etat.

**Art. 4.**  
(1) La langue du Grand-Duché de Luxembourg est le luxembourgeois. La loi règle l'emploi des langues luxembourgeoise, française et allemande.

(2) L'emblème national est le drapeau tricolore rouge, blanc, bleu.

(3) La loi définit les armoiries de l'Etat.

(4) L'hymne national est « Ons Heemecht ».

**Art. 5.**  
Le Grand-Duché de Luxembourg participe à l'intégration européenne.

L'exercice de pouvoirs de l'Etat peut être transféré à l'Union européenne et à des institutions internationales par une loi adoptée dans les conditions de l'article 131, alinéa 2, de la Constitution.

**SECTION 2. – DU TERRITOIRE**

**Art. 6.**  
Toute cession, tout échange, toute adjonction de territoire ne peut avoir lieu qu'en vertu d'une loi adoptée à la majorité qualifiée.

**Art. 7.**  
Les limites et les chefs-lieux des cantons, des communes et des arrondissements judiciaires sont déterminés par la loi.

**Art. 8.**  
La Ville de Luxembourg est la capitale du Grand-Duché de Luxembourg et le siège des institutions constitutionnelles.

**CHAPITRE II. – DES DROITS ET LIBERTES**

**SECTION 1<sup>RE</sup>. – DE LA NATIONALITE ET DES DROITS POLITIQUES**

**Art. 9.**  
La qualité de Luxembourgeois s'acquiert, se conserve et se perd d'après les règles déterminées par la loi.

**Art. 10.**  
(1) Les Luxembourgeois jouissent de la plénitude des droits politiques qu'ils exercent dans les conditions déterminées par la Constitution et les lois.

(2) Sans préjudice de l'article 64, la loi peut conférer l'exercice de droits politiques à des non-Luxembourgeois.

**Art. 11.**  
La loi règle l'accès aux emplois publics. Elle peut réserver aux Luxembourgeois les emplois publics comportant une participation directe ou indirecte à l'exercice de la puissance publique et aux fonctions qui ont pour objet la sauvegarde des intérêts généraux de l'Etat.

**SECTION 2. – DES DROITS FONDAMENTAUX**

**Art. 12.**  
La dignité humaine est inviolable.

**Art. 13.**  
(1) Toute personne a droit à son intégrité physique et mentale.

(2) Nul ne peut être soumis à la torture ni à des peines ou traitements inhumains et dégradants.

La peine de mort ne peut pas être établie.

**Art. 14.**  
Toute personne a droit à la liberté de pensée, de conscience et de religion.

**SECTION 3. – DES LIBERTES PUBLIQUES**

**Art. 15.**  
(1) Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi. La loi peut prévoir une différence de traitement qui procède d'une disparité objective et qui est rationnellement justifiée, adéquate et proportionnée à son but.

(2) Nul ne peut être discriminé en raison de sa situation ou de circonstances personnelles.

(3) Les femmes et les hommes sont égaux en droits et en devoirs. L'Etat veille à promouvoir activement l'élimination des entraves pouvant exister en matière d'égalité entre femmes et hommes.

(4) Toute personne a le droit de fonder une famille. Toute personne a droit au respect de sa vie familiale.

(5) Dans toute décision qui le concerne, l'intérêt de l'enfant est pris en considération de manière primordiale. Chaque enfant peut exprimer son opinion librement sur toute question qui le concerne. Son opinion est prise en considération, eu égard à son âge et à son discernement. Chaque enfant a droit à la protection, aux mesures et aux soins nécessaires à son bien-être et son développement.

(6) Toute personne handicapée a le droit de jouir de façon égale de tous les droits.

**Art. 16.**  
Tout non-Luxembourgeois qui se trouve sur le territoire du Grand-Duché, jouit de la protection accordée aux personnes et aux biens, sauf les exceptions établies par la loi.

**Art. 17.**  
(1) La liberté individuelle est garantie.

(2) Nul ne peut être poursuivi, arrêté ou privé de sa liberté que dans les cas prévus et dans la forme déterminée par la loi.

(3) Sauf le cas de flagrant délit, nul ne peut être arrêté qu'en vertu d'une décision de justice motivée, qui doit être notifiée au moment de l'arrestation ou au plus tard dans les vingt-quatre heures.

(4) Toute personne accusée d'une infraction est présumée innocente jusqu'à ce que sa culpabilité ait été légalement établie. Toute personne doit être

informée sans délai des raisons de son arrestation ou de la privation de sa liberté, des accusations portées contre elle et des moyens de recours légaux dont elle dispose pour recouvrer sa liberté.

**Art. 18.**  
Toute personne a droit à ce que sa cause soit portée devant la juridiction prévue par la loi.

Nul ne peut être distrait contre son gré du juge que la loi lui assigne.

**Art. 19.**  
Nulle peine ne peut être établie ni appliquée qu'en vertu de la loi.

Nul ne peut être condamné pour une action ou omission qui, au moment où elle a été commise, ne constituait pas une infraction prévue par la loi.

Nul ne peut être condamné à une peine plus forte que celle qui était applicable au moment où l'infraction a été commise.

**Art. 20.**  
Toute personne a droit au respect de sa vie privée.

**Art. 21.**  
Le domicile est inviolable. Aucune visite domiciliaire ne peut avoir lieu que dans les

cas prévus et dans la forme déterminée par la loi.

**Art. 22.**  
Aucun serment ne peut être imposé qu'en vertu de la loi, qui en détermine la formule.

**Art. 23.**  
La liberté de manifester ses opinions et la liberté de la presse sont garanties, hormis les infractions commises à l'occasion de l'exercice de ces libertés.

La censure ne peut pas être établie.

**Art. 24.**  
La liberté de manifester ses convictions philosophiques ou religieuses, celle d'adhérer ou de ne pas adhérer à une religion sont garanties, hormis les infractions commises à l'occasion de l'exercice de ces libertés.

La liberté des cultes et celle de leur exercice sont garanties, hormis les infractions commises à l'occasion de l'exercice de ces libertés.

Nul ne peut être contraint de concourir d'une manière quelconque aux actes et aux cérémonies d'un culte ni d'en observer les jours de repos.

**Art. 25.**  
Toute personne a le droit, dans le respect de la loi, à la liberté de réunion pacifique. Ce droit ne peut être soumis à autorisation préalable que pour des rassemblements en plein air dans un lieu accessible au public.

**Art. 26.**  
Le droit d'association est garanti. Son exercice est régi par la loi qui ne peut pas le soumettre à autorisation préalable.

**Art. 27.**  
Les partis politiques concourent à la formation de la volonté populaire et à l'expression du suffrage universel. Ils expriment le pluralisme démocratique.

**Art. 28.**  
Les libertés syndicales sont garanties.

La loi organise l'exercice du droit de grève.

**Art. 29.**  
Toute personne a le droit d'adresser aux autorités

publiques des requêtes signées par une ou plusieurs personnes.

Les autorités publiques sont tenues de répondre dans un délai raisonnable aux demandes écrites des requérants.

**Art. 30.**  
Toute personne a droit à l'inviolabilité de ses communications.

Aucune restriction ne peut être apportée à ce droit, sauf dans les cas prévus par la loi et sous les conditions et contrôles qu'elle détermine.

**Art. 31.**  
Toute personne a droit à l'autodétermination informationnelle et à la protection des données à caractère personnel la concernant. Ces données ne peuvent être traitées qu'à des fins et dans les conditions déterminées par la loi.

**Art. 32.**  
Le droit d'asile est garanti dans les conditions déterminées par la loi.

**Art. 33.**  
(1) Toute personne a droit à l'éducation.

(2) L'Etat organise l'enseignement et en garantit l'accès. La durée de l'enseignement obligatoire est déterminée par la loi. L'enseignement public fondamental et secondaire est gratuit.

(3) La liberté de l'enseignement s'exerce dans le respect des valeurs d'une société démocratique fondée sur les droits fondamentaux et les libertés publiques. L'intervention de l'Etat dans l'enseignement privé est déterminée par la loi.

(4) Toute personne est libre de faire ses études au Luxembourg ou à l'étranger, de fréquenter les universités de son choix. Les conditions de la reconnaissance des diplômes sont déterminées par la loi.

**Art. 34.**  
La sécurité sociale, la protection de la santé et les droits des travailleurs sont réglés par la loi quant à leurs principes.

**Art. 35.**  
L'exercice de la liberté du

commerce et de l'industrie ainsi que de la profession libérale et de l'activité agricole est garanti, sauf les restrictions déterminées par la loi.

**Art. 36.**  
Nul ne peut être privé de sa propriété que pour cause d'utilité publique et moyennant juste indemnité, dans les cas et de la manière déterminés par la loi.

**Art. 37.**  
Toute limitation de l'exercice des libertés publiques doit être prévue par la loi et respecter leur contenu essentiel. Dans le respect du principe de proportionnalité, des limitations ne peuvent être apportées que si elles sont nécessaires dans une société démocratique et répondent effectivement à des objectifs d'intérêt général ou au besoin de protection des droits et libertés d'autrui.

**SECTION 4. – DES OBJECTIFS A VALEUR CONSTITUTIONNELLE**

**Art. 38.**  
L'Etat garantit le droit au travail



Noopnam vum Chambergebai



et veille à assurer l'exercice de ce droit.

**Art. 39.**  
L'Etat promeut le dialogue social.

**Art. 40.**  
L'Etat veille à ce que toute personne puisse vivre dignement et disposer d'un logement approprié.

**Art. 41.**  
L'Etat garantit la protection de l'environnement humain et naturel, en œuvrant à l'établissement d'un équilibre durable entre la conservation de la nature, en particulier sa capacité de renouvellement, ainsi que la sauvegarde de la biodiversité, et la satisfaction des besoins des générations présentes et futures.

L'Etat s'engage à lutter contre le dérèglement climatique et à œuvrer en faveur de la neutralité climatique.

Il reconnaît aux animaux la qualité d'êtres vivants non humains dotés de sensibilité et veille à protéger leur bien-être.

**Art. 42.**  
L'Etat garantit l'accès à la culture et le droit à l'épanouissement culturel.

L'Etat promeut la protection du patrimoine culturel.

**Art. 43.**  
L'Etat promeut la liberté de la recherche scientifique réalisée dans le respect des valeurs d'une société démocratique fondée sur les droits fondamentaux et les libertés publiques.

**CHAPITRE III. –  
DU GRAND-DUC**

**SECTION 1<sup>RE</sup>. –  
DE LA FONCTION DU CHEF DE  
L'ETAT**

**Art. 44.**  
(1) Le Grand-Duc est le Chef de l'Etat.  
Il représente l'Etat. Il est le symbole de l'unité et de l'indépendance nationales. Sa personne est inviolable.

(2) Le Grand-Duc n'a d'autres attributions que celles que lui accordent la Constitution et les lois.  
Il exerce conjointement avec le Gouvernement le pouvoir exécutif.

(3) Les dispositions du Grand-Duc doivent être contresignées par un membre du Gouvernement, qui en assume la responsabilité.

**Art. 45.**  
(1) Le Grand-Duc prend les règlements et arrêtés nécessaires pour l'exécution des lois.

(2) Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, le Grand-Duc ne peut prendre des règlements et arrêtés qu'en vertu d'une disposition légale particulière qui fixe l'objectif des mesures d'exécution et le cas échéant les conditions auxquelles elles sont soumises.

(3) Il prend les règlements nécessaires pour l'application des actes juridiques de l'Union européenne.  
Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, ces règlements ne peuvent être pris qu'en vertu d'une

disposition légale particulière qui fixe l'objectif des mesures d'exécution et, le cas échéant, les conditions auxquelles elles sont soumises. Dans les conditions déterminées par la loi, ces règlements peuvent déroger aux dispositions légales existantes ou remplacer celles-ci.

**Art. 46.**  
Le Grand-Duc fait et défait les traités. Les traités et, sauf clause spécifique dans un traité, leur dénonciation n'ont d'effet qu'après avoir été approuvés par la loi. Ils sont publiés dans les formes prévues pour la publication des lois.

Le Grand-Duc fait les règlements et arrêtés nécessaires pour l'exécution des traités dans les formes qui règlent les mesures d'exécution des lois et avec les effets qui s'attachent à ces mesures, sans préjudice des matières qui sont réservées par la Constitution à la loi.

**Art. 47.**  
Dans l'exercice du pouvoir lui attribué par les articles 45, paragraphes 1<sup>er</sup> et 3, alinéa 1<sup>er</sup>, et 46, alinéa 2, le Grand-Duc peut, dans les cas qu'il détermine, charger les membres de son Gouvernement de prendre des mesures d'exécution.

**Art. 48.**  
En cas de crise internationale, de menaces réelles pour les intérêts vitaux de tout ou partie de la population ou de péril imminent résultant d'atteintes graves à la sécurité publique, le Grand-Duc, après avoir constaté l'urgence résultant de l'impossibilité de la Chambre des Députés de légiférer dans les délais appropriés, peut prendre en toutes matières des mesures réglementaires.

Ces mesures peuvent déroger à des lois existantes. Elles doivent être nécessaires, adéquates et proportionnées au but poursuivi et être conformes à la Constitution et aux traités internationaux.

La prorogation de l'état de crise au-delà de dix jours ne peut être décidée que par une ou plusieurs lois, qui en fixent la durée sans que la prorogation puisse dépasser une durée maximale de trois mois. Ces lois sont adoptées avec une majorité qualifiée des deux tiers des suffrages des députés, les votes par procuration n'étant pas admis.

Tous les règlements pris en vertu de la présente disposition cessent leurs effets au plus tard à la fin de l'état de crise.

La Chambre des Députés ne peut être dissoute pendant l'état de crise.

**Art. 49.**  
Le Grand-Duc promulgue les lois dans les trois mois de leur adoption par la Chambre des Députés.

**Art. 50.**  
(1) Le Grand-Duc nomme aux emplois publics, conformément à la loi, et sauf les exceptions établies par elle.

(2) Aucune fonction salariée par l'Etat ne peut être créée qu'en vertu d'une loi.

(3) Le statut des fonctionnaires de l'Etat est déterminé par la loi.

**Art. 51.**  
Le Grand-Duc a le droit, dans les conditions déterminées par la loi, de remettre ou de réduire les peines prononcées par les juridictions.

**Art. 52.**  
Le Grand-Duc a le droit de conférer des titres de noblesse aux membres de la famille grand-ducale, sans pouvoir jamais y attacher de privilège.

**Art. 53.**  
(1) Le Grand-Duc porte le titre de commandant de l'armée. Ce commandement est exercé sous la responsabilité du Gouvernement.

(2) Le Grand-Duc confère les ordres civils et militaires, en observant la loi.

**Art. 54.**  
Le Grand-Duc, l'ancien Chef de l'Etat, le Grand-Duc Héritier, le Régent et le Lieutenant-Représentant touchent sur le budget de l'Etat une dotation annuelle, dont les éléments et le montant sont fixés par la loi.

Le Grand-Duc, tenant compte de l'intérêt public, définit et organise son administration qui jouit de la personnalité juridique.

**Art. 55.**  
Le Palais Grand-Ducal à Luxembourg et le Château de Berg sont réservés à l'habitation du Grand-Duc.

**SECTION 2. –  
DE LA MONARCHIE  
CONSTITUTIONNELLE**

**Art. 56.**  
(1) La fonction de Chef de l'Etat est héréditaire dans la descendance directe de Son Altesse Royale Adolphe, Grand-Duc de Luxembourg, Duc de Nassau, par ordre de primogéniture et par représentation. Seuls les enfants nés d'un mariage ont le droit de succéder.

(2) La personne en droit de succéder peut y renoncer. Cette renonciation intervient sous forme d'un acte écrit qui est irrévocable et dont les effets ne s'appliquent qu'à l'auteur. Lorsque des circonstances exceptionnelles le commandent, la Chambre des Députés peut exclure une ou plusieurs personnes de l'ordre de succession par une loi adoptée à la majorité qualifiée.

(3) A défaut de successeur, la Chambre des Députés se réunit au plus tard dans les trente jours du décès ou de l'abdication du Grand-Duc en vue de désigner un nouveau Chef de l'Etat. La décision est adoptée à la majorité qualifiée.

(4) L'abdication du Grand-Duc requiert la forme d'un acte écrit qui est irrévocable.

**Art. 57.**  
(1) Le Grand-Duc exerce la fonction de Chef de l'Etat à partir du moment où il a prêté devant la Chambre des Députés le serment suivant : « Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir fidèlement mes attributions constitutionnelles. »

(2) Le serment est prêté au plus tard le dixième jour qui suit le décès, l'abdication ou la désignation du Grand-Duc dans les conditions de l'article 56, paragraphe 3.

(3) Le refus de prêter le serment comporte renonciation à la fonction de Chef de l'Etat.

**Art. 58.**  
Le Grand-Duc peut se faire représenter par une personne qui remplit les conditions de l'article 56, paragraphe 1<sup>er</sup>, et qui porte le titre de Lieutenant-Représentant du Grand-Duc.

Le Lieutenant-Représentant du Grand-Duc n'entre en fonction qu'après avoir prêté devant la Chambre des Députés le serment suivant : « Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir fidèlement mes attributions constitutionnelles ».

**Art. 59.**  
Si au décès du Grand-Duc, ou à la date de son abdication, son successeur est mineur, la Chambre des Députés se réunit dans les dix jours à l'effet de pourvoir, sur proposition du Gouvernement, à la régence.

Si le Grand-Duc se trouve dans l'impossibilité temporaire de remplir ses attributions constitutionnelles ou de prêter le serment prévu à l'article 57, le Gouvernement en informe la Chambre des Députés, qui se réunit dans les dix jours à l'effet de constater cette impossibilité et de pourvoir à la régence.

La régence ne peut être confiée qu'à une seule personne, qui doit être majeure et faire partie des personnes visées à l'article 56, paragraphe 1<sup>er</sup>.

Le Régent n'entre en fonction qu'après avoir prêté devant la Chambre des Députés le serment suivant : « Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir fidèlement mes attributions constitutionnelles. »

La régence prend fin à la majorité du successeur ou à la cessation de l'impossibilité temporaire du Grand-Duc de remplir ses attributions constitutionnelles.

Le Gouvernement en informe la Chambre des Députés, qui se réunit dans les dix jours à l'effet de mettre fin à la régence.

**Art. 60.**  
Si le Grand-Duc ne remplit pas ses attributions constitutionnelles, la Chambre des Députés, à la demande du Gouvernement, le Conseil d'Etat entendu en son avis, décide à la majorité qualifiée qu'il y a lieu de considérer que le Grand-Duc a abdicqué.

**Art. 61.**  
A partir du décès du Grand-Duc, de son abdication ou du constat de son impossibilité de remplir ses attributions constitutionnelles, jusqu'à la prestation de serment du successeur, la fonction de Chef de l'Etat est exercée par le Gouvernement. Il en est de même en cas de décès ou de démission du Régent.

**CHAPITRE IV. –  
DE LA CHAMBRE DES DEPUTES**

**SECTION 1<sup>RE</sup>. –  
DE LA REPRESENTATION DU  
PAYS**

**Art. 62.**  
La Chambre des Députés représente le pays. Elle exerce le pouvoir législatif. Elle contrôle l'action du Gouvernement.

Les députés votent sans en référer à leurs commettants et ne peuvent avoir en vue que l'intérêt général.

**Art. 63.**  
(1) La Chambre se compose de soixante députés.

(2) Les députés sont élus pour cinq ans.

(3) L'élection est directe. Elle a lieu sur la base du suffrage universel, au scrutin de liste, suivant les règles de la représentation proportionnelle, conformément au principe du plus petit quotient électoral. Le vote est obligatoire et secret. Ses modalités sont déterminées par la loi.

(4) Le pays est divisé en quatre circonscriptions électorales :  
1° le Sud avec les cantons d'Esch-sur-Alzette et Capellen ;  
2° le Centre avec les cantons de Luxembourg et Mersch ;  
3° le Nord avec les cantons de Diekirch, Redange, Wiltz, Clervaux et Vianden ;  
4° l'Est avec les cantons de Grevenmacher, Remich et Echternach.  
Une loi adoptée à la majorité qualifiée fixe le nombre des députés à élire dans chacune des circonscriptions.

**Art. 64.**  
(1) Pour être électeur, il faut être Luxembourgeois et être âgé de dix-huit ans.

(2) Pour être éligible, il faut en outre être domicilié au Grand-Duché de Luxembourg.

(3) Les juridictions peuvent, dans les cas prévus par la loi, prononcer l'interdiction du droit de vote et d'éligibilité.

**Art. 65.**  
Le mandat de député est incompatible avec la fonction de membre du Gouvernement et celle de membre du Conseil d'Etat.

Cette même incompatibilité s'applique aux emplois et fonctions publics à déterminer par une loi adoptée à la majorité qualifiée. Elle peut être étendue à d'autres mandats politiques à déterminer par une loi adoptée à la majorité qualifiée.

**Art. 66.**  
(1) Le député, nommé par le Gouvernement à un emploi rémunéré qu'il accepte, cesse immédiatement de siéger et ne reprend sa fonction qu'en vertu d'une nouvelle élection.

(2) Le député, appelé à la fonction de membre du Gouvernement, perd son mandat de député. Il est réinscrit sur la liste sur laquelle il a été élu comme suppléant dans l'ordre des suffrages obtenus. Il en est de même du député suppléant qui, appelé à la fonction de membre du Gouvernement, renonce au mandat de député lui échu au cours de cette fonction. En cas de concours entre plusieurs ayants droit, la réinscription est faite dans l'ordre des suffrages obtenus aux élections.

(3) Les personnes qui se trouvent dans un cas d'incompatibilité ont le droit d'opter entre le mandat de député et leur emploi ou activité.



**SECTION 2. –  
DE L'ORGANISATION ET DU  
FONCTIONNEMENT DE LA  
CHAMBRE DES DEPUTES**

**Art. 67.**

(1) La Chambre des Députés se réunit en séance publique de plein droit le troisième mardi suivant la date des élections pour vérifier les pouvoirs de ses membres.

(2) Il appartient à la Chambre des Députés de constater que l'un de ses membres a perdu la qualité de député en raison de la survenance, en cours de mandat, d'une cause d'inéligibilité au sens de l'article 64 ou d'une incompatibilité au sens de l'article 65.

(3) Un recours contre ces décisions est ouvert devant la Cour Constitutionnelle. Les modalités de ce recours sont réglées par la loi.

(4) A leur entrée en fonction, les députés prêtent en séance publique le serment qui suit : « Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir ma fonction avec intégrité, exactitude et impartialité. »

(5) La réunion en séance publique de la Chambre des Députés issue des élections au sens du paragraphe 1<sup>er</sup> fait cesser les fonctions de la Chambre des Députés issue des élections précédentes.

**Art. 68.**

La Chambre des Députés détermine par son Règlement le mode suivant lequel elle exerce ses attributions ainsi que son organisation matérielle et financière, y compris le statut de ses fonctionnaires.

Le Règlement de la Chambre des Députés détermine les mesures d'exécution des lois qui concernent son organisation.

**Art. 69.**

La Chambre des Députés nomme son président et ses vice-présidents et compose son bureau.

**Art. 70.**

Les séances de la Chambre des Députés sont publiques, sauf les exceptions à déterminer par son Règlement.

**Art. 71.**

La Chambre des Députés ne peut prendre de décision, résolution et motion qu'autant que la majorité des députés se trouve réunie.

Toute décision, toute résolution, toute motion est prise à la majorité des suffrages. Les abstentions n'entrent pas en ligne de compte pour le calcul de la majorité. Le vote par procuration est admis. Nul ne peut toutefois recevoir plus d'une procuration.

Les décisions et les résolutions dont l'adoption requiert la majorité qualifiée en vertu de la Constitution doivent réunir au moins les deux tiers des suffrages des députés, le vote par procuration n'étant pas admis.

**Art. 72.**

Le Règlement de la Chambre des Députés détermine les règles de majorité pour la désignation de personnes à des mandats ou fonctions à laquelle procède la Chambre des Députés.

**Art. 73.**

Le Grand-Duc ne peut fixer des élections anticipées que si la Chambre des Députés, à la majorité de ses membres, soit rejette une motion de confiance au Gouvernement, soit adopte une motion de censure à l'égard du Gouvernement.

En cas de démission du Gouvernement, le Grand-Duc, après avoir reçu l'assentiment de la Chambre des Députés exprimé à la majorité absolue des députés, fixe des élections anticipées.

Les nouvelles élections ont lieu au plus tard dans les trois mois.

Le Grand-Duc ne peut pas fixer des élections anticipées pendant l'état de crise.

**Art. 74.**

Les membres du Gouvernement ont entrée dans la Chambre des Députés et doivent être entendus quand ils le demandent.

**Art. 75.**

Aux fins d'exercer les missions prévues à l'article 62, la Chambre des Députés peut : 1° demander la présence d'un ou de plusieurs membres du Gouvernement ; 2° adresser au Gouvernement des questions et interpellations auxquelles le Gouvernement est tenu de répondre ; 3° requérir de la part du Gouvernement tous informations et documents ; 4° adopter une motion de confiance ou de censure à l'égard du Gouvernement.

L'exercice de ces prérogatives est organisé par le Règlement de la Chambre des Députés.

**SECTION 3. –  
DE L'ADOPTION DES LOIS**

**Art. 76.**

Le Gouvernement dépose à la Chambre des Députés des projets de loi.

**Art. 77.**

Chaque député a le droit de soumettre des propositions de loi à la Chambre des Députés.

**Art. 78.**

(1) Les lois sont adoptées par la Chambre des Députés.

(2) La Chambre des Députés peut amender les projets de loi et les propositions de loi.

(3) La Chambre des Députés vote sur l'ensemble de la loi. Le vote est toujours nominal. A la demande de cinq députés au moins, le vote sur l'ensemble de la loi peut être précédé par un vote portant sur un ou plusieurs articles de la loi.

(4) Toutes les lois sont soumises à un second vote, à moins que la Chambre des Députés, d'accord avec le Conseil d'Etat, siégeant en séance publique, n'en décide autrement. Il y aura un intervalle d'au moins trois mois entre les deux votes.

**SECTION 4. –  
DES AUTRES ATTRIBUTIONS  
DE LA CHAMBRE DES  
DEPUTES**

**Art. 79.**

La Chambre des Députés se prononce en séance publique sur les propositions motivées aux fins de légiférer,

présentées par cent vingt-cinq et soutenues par douze mille cinq cents électeurs au moins.

La loi règle l'exercice de ce droit d'initiative législative.

**Art. 80.**

La Chambre des Députés peut décider d'avoir recours au référendum dans les cas, sous les conditions et avec les effets à déterminer par la loi.

**Art. 81.**

La Chambre des Députés a le droit d'enquête. La loi règle l'exercice de ce droit.

Une commission d'enquête doit être instituée si un tiers au moins des députés le demande.

**Art. 82.**

La Chambre des Députés reçoit les pétitions qui lui sont adressées dans la forme prescrite par son Règlement.

**Art. 83.**

L'Ombudsman est nommé par le Grand-Duc sur proposition de la Chambre des Députés, votée à la majorité qualifiée prévue à l'article 71, alinéa 3.

Les attributions et les règles de fonctionnement de

**CHAPITRE V. –  
DU GOUVERNEMENT**

**Art. 87.**

Le Gouvernement dirige la politique générale de l'Etat.

**Art. 88.**

Le Gouvernement se compose d'un Premier ministre, d'un ou de plusieurs Vice-premiers ministres, de ministres et, le cas échéant, d'un ou de plusieurs ministres délégués et secrétaires d'Etat.

Le Grand-Duc nomme le Premier ministre et les autres membres du Gouvernement et met fin à leurs fonctions.

Avant d'entrer en fonction, les membres du Gouvernement prêtent le serment qui suit : « Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir ma fonction avec intégrité, exactitude et impartialité. »

**Art. 89.**

La fonction de membre du Gouvernement est incompatible avec celle de député, de conseiller d'Etat, de membre d'un conseil communal ainsi qu'avec des fonctions publiques ou une activité professionnelle.

(3) La Chambre des Députés peut engager la responsabilité du Gouvernement par une motion de censure.

(4) Lorsque la Chambre des Députés refuse la confiance au Gouvernement, le Premier ministre présente la démission du Gouvernement au Grand-Duc.

(5) Le Gouvernement démissionnaire continue à conduire la politique générale.

**Art. 94.**

(1) Le Gouvernement et ses membres sont responsables devant la Chambre des Députés.

(2) Les membres du Gouvernement ne répondent ni civilement ni pénalement des opinions qu'ils émettent à l'occasion de l'exercice de leur fonction.

(3) Les membres du Gouvernement sont pénalement responsables des actes commis par eux dans l'exercice de leur fonction. Seul le ministère public peut tenter et diriger les poursuites à l'encontre d'un membre du Gouvernement pour ces actes,



De Sëtz vum Staatsrot um Fëschmaart

L'Ombudsman et les relations avec la Chambre des Députés sont déterminées par la loi.

**SECTION 5. –  
DU STATUT DU DEPUTE**

**Art. 84.**

Aucune action, ni civile ni pénale, ne peut être dirigée contre un député à l'occasion des opinions et votes émis par lui dans l'exercice de ses fonctions.

**Art. 85.**

A l'exception des cas visés par l'article 84, les députés peuvent être poursuivis en matière pénale.

Cependant, l'arrestation d'un député est, sauf le cas de flagrant délit, soumise à autorisation préalable de la Chambre des Députés.

Une autorisation de la Chambre des Députés n'est pas requise pour l'exécution des peines, même celles privatives de liberté, prononcées à l'encontre d'un député.

**Art. 86.**

Les députés touchent une indemnité, dont le montant et les conditions sont fixés par la loi.

**Art. 90.**

Les membres du Gouvernement exercent leurs attributions, soit en conseil, soit individuellement pour les affaires dont ils ont la charge.

**Art. 91.**

Le Premier ministre coordonne l'action du Gouvernement et veille au maintien de l'unité de l'action gouvernementale.

**Art. 92.**

Le Gouvernement détermine son organisation et son fonctionnement par voie de règlement interne, approuvé par arrêté grand-ducal, à l'exception des matières que la Constitution réserve à la loi.

**Art. 93.**

(1) Le Premier ministre engage la responsabilité du nouveau Gouvernement à l'occasion de la présentation du programme gouvernemental devant la Chambre des Députés.

(2) Le Premier ministre peut, après délibération du Gouvernement en conseil, engager la responsabilité du Gouvernement devant la Chambre des Députés à l'occasion du vote d'un projet de loi ou d'une déclaration gouvernementale.

même après cessation de sa fonction.

(4) Sauf le cas de flagrant délit, toute arrestation d'un membre du Gouvernement nécessite l'autorisation préalable de la Chambre des Députés. Cette autorisation n'est pas requise pour l'exécution des peines, même celles privatives de liberté, prononcées à l'encontre d'un membre du Gouvernement.

**CHAPITRE VI. –  
DU CONSEIL D'ETAT**

**Art. 95.**

Le Conseil d'Etat donne son avis sur les projets de loi et les propositions de loi ainsi que sur les amendements qui pourraient y être proposés.

S'il estime qu'un projet de loi ou une proposition de loi comporte des dispositions non conformes à la Constitution, aux traités internationaux auxquels le Grand-Duché de Luxembourg est partie, aux actes juridiques de l'Union européenne ou aux principes généraux du droit, il en fait mention dans son avis.

Lorsque la Chambre des Députés a procédé à un vote



article par article d'un projet ou d'une proposition de loi, sans que le Conseil d'Etat ait émis son avis, la Chambre des Députés peut voter sur l'ensemble de la loi en observant un délai d'au moins trois mois après en avoir informé le Conseil d'Etat.

Sauf les cas d'urgence à apprécier dans les limites de la loi par le Grand-Duc, le Conseil d'Etat donne son avis sur les projets de règlement à prendre pour l'exécution des lois et des traités internationaux et pour l'application des actes juridiques de l'Union européenne. S'il estime que le projet de règlement n'est pas conforme aux normes de droit supérieures, il en fait mention dans son avis.

La Chambre des Députés et le Gouvernement peuvent déférer au Conseil d'Etat toutes autres questions selon les modalités déterminées par la loi.

**Art. 96.**  
L'organisation du Conseil d'Etat et la manière d'exercer ses attributions sont réglées par la loi.

**CHAPITRE VII. –  
DE LA JUSTICE**

**SECTION 1<sup>RE</sup>. –  
DE L'ORGANISATION DE LA  
JUSTICE**

**Art. 97.**  
Le pouvoir judiciaire est exercé par les cours et tribunaux.

Les arrêts et jugements sont exécutés au nom du Grand-Duc.

**Art. 98.**  
Les juridictions de l'ordre judiciaire ont compétence générale en toute matière, à l'exception des attributions conférées par la Constitution à d'autres juridictions à compétence particulière.

**Art. 99.**  
Le contentieux administratif et fiscal est du ressort des juridictions de l'ordre administratif, dans les cas et sous les conditions déterminés par la loi.

**Art. 100.**  
Les juridictions en matière de sécurité sociale sont réglées par la loi.

**Art. 101.**  
La loi règle l'organisation des juridictions ainsi que les voies de recours.

**Art. 102.**  
Les juridictions n'appliquent les lois et règlements que pour autant qu'ils sont conformes aux normes de droit supérieures.

**Art. 103.**  
L'annulation d'un règlement par une juridiction de l'ordre administratif a un caractère absolu à partir du jour où le jugement ou l'arrêt est coulé en force de chose jugée, à moins que la juridiction prononçant l'annulation n'ordonne un autre délai.

La juridiction prononçant l'annulation détermine les conditions et limites dans lesquelles les effets que le règlement a produits sont susceptibles d'être remis en cause. »

**SECTION 2. – DU STATUT DES  
MAGISTRATS**

**Art. 104.**  
(1) Les magistrats du siège sont indépendants dans l'exercice des fonctions juridictionnelles.

(2) Le ministère public exerce l'action publique et requiert l'application de la loi. Il est indépendant dans l'exercice des recherches et poursuites individuelles, sans préjudice du droit du gouvernement d'arrêter des directives de politique pénale.

**Art. 105.**  
(1) Le statut des magistrats du siège et de ceux du ministère public est déterminé par la loi.

(2) Les magistrats du siège sont inamovibles.

(3) La loi règle la mise à la retraite des magistrats du siège et de ceux du ministère public pour raison d'âge, d'infirmité ou d'incapacité.

**Art. 106.**  
Avant d'entrer en fonction, les magistrats du siège et ceux du ministère public prêtent le serment prévu par la loi.

**SECTION 3. –  
DU CONSEIL NATIONAL DE  
LA JUSTICE**

**Art. 107.**  
Le Conseil national de la justice veille au bon fonctionnement de la justice dans le respect de son indépendance.

La composition et l'organisation du Conseil national de la justice sont réglées par la loi. Le Conseil national de la justice doit être majoritairement composé de magistrats.

Le Grand-Duc nomme les magistrats proposés par le Conseil national de la justice et suivant les conditions déterminées par la loi.

Les attributions du Conseil national de la justice dans les procédures disciplinaires contre les magistrats sont déterminées par la loi.

Les autres attributions du Conseil national de la justice sont fixées par la loi qui détermine également la manière de les exercer.

**SECTION 4. –  
DES GARANTIES DU  
JUSTICIABLE**

**Art. 108.**  
Les audiences des juridictions sont publiques, à moins que cette publicité ne soit dangereuse pour l'ordre ou les mœurs, et, dans ce cas, la juridiction le déclare par une décision de justice.

**Art. 109.**  
Tout jugement est motivé. Il est prononcé en audience publique.

**Art. 110.**  
La loi garantit l'impartialité du magistrat du siège, le caractère équitable et loyal ainsi que le délai raisonnable des procédures, le respect du contradictoire et des droits de la défense.

**Art. 111.**  
Les dispositions de la Constitution ne font pas obstacle aux obligations

découlant du Statut de la Cour Pénale Internationale.

**SECTION 5. –  
DE LA COUR  
CONSTITUTIONNELLE**

**Art. 112.**  
(1) La Cour Constitutionnelle statue, par voie d'arrêt, sur la conformité des lois à la Constitution.

(2) La Cour Constitutionnelle est saisie, à titre préjudiciel, suivant les modalités à déterminer par la loi, par toute juridiction pour statuer sur la conformité des lois, à l'exception des lois portant approbation de traités, à la Constitution.

(3) La Cour Constitutionnelle règlera les conflits d'attribution d'après le mode déterminé par la loi.

(4) Les attributions de la Cour Constitutionnelle peuvent être élargies par une loi votée à la majorité qualifiée réunissant au moins les deux tiers des suffrages des membres de la Chambre des Députés, les votes par procuration n'étant pas admis.

(5) La Cour Constitutionnelle est composée : 1° de neuf membres effectifs :  
a) le Président de la Cour Supérieure de Justice et le Président de la Cour administrative ;  
b) deux conseillers à la Cour de Cassation et cinq magistrats nommés par le Grand-Duc, sur l'avis conforme de la Cour Supérieure de Justice et de la Cour administrative ;  
2° de sept membres suppléants nommés par le Grand-Duc, sur l'avis conforme de la Cour Supérieure de Justice et de la Cour administrative.

(6) La Cour Constitutionnelle siège en chambre de cinq membres. Lorsque la Cour Constitutionnelle estime qu'une affaire, dont elle est saisie, revêt une importance particulière, elle siège en formation plénière de neuf membres.

(7) L'organisation de la Cour Constitutionnelle et la manière d'exercer ses attributions sont réglées par la loi.

(8) Les dispositions des lois déclarées non conformes à la Constitution par un arrêt de la Cour Constitutionnelle cessent d'avoir un effet juridique le lendemain de la publication de cet arrêt dans les formes prévues pour la loi, à moins que la Cour Constitutionnelle n'ait ordonné un autre délai. La Cour Constitutionnelle détermine les conditions et limites dans lesquelles les effets que la disposition a produits sont susceptibles d'être remis en cause.

**CHAPITRE VIII. –  
DE CERTAINES  
DISPOSITIONS RELATIVES A  
L'ADMINISTRATION DE L'ETAT**

**SECTION 1<sup>RE</sup>. –  
DES REGLES GENERALES  
D'ADMINISTRATION**

**Art. 113.**  
Aucune loi ni aucun règlement ou arrêté d'administration générale ne sont obligatoires qu'après avoir été publiés dans la forme déterminée par la loi.

**Art. 114.**  
La loi détermine les conditions

et les limites ainsi que les modalités de mise en œuvre de la responsabilité de l'Etat et des autres personnes morales de droit public pour les dommages qu'ils ont causés ou qu'ont causés leurs mandataires publics et agents dans l'exercice de leurs fonctions.

**Art. 115.**  
L'organisation et les attributions de la force publique sont réglées par la loi.

Toute déclaration relative à l'état de guerre et tout engagement de la force publique dans des opérations à l'étranger requièrent l'autorisation de la Chambre des Députés selon les modalités à établir par la loi.

**SECTION 2. –  
DES FINANCES**

**Art. 116.**  
(1) Tout impôt de l'Etat ainsi que toute exemption ou modération d'impôt sont établis par la loi.

(2) Les impôts au profit de l'Etat sont votés annuellement. Les lois qui les établissent n'ont de force que pour un an, si elles ne sont pas renouvelées.

(3) Hormis les cas formellement exceptés par la loi, aucune rétribution ne peut être exigée des citoyens ou des établissements publics qu'à titre d'impôt au profit de l'Etat ou de la commune.

**Art. 117.**  
(1) Tout emprunt à charge de l'Etat doit être contracté avec l'assentiment de la Chambre des Députés.

(2) Toute aliénation d'une propriété immobilière ou mobilière de l'Etat doit être autorisée par une loi spéciale. Toutefois, une loi générale peut déterminer un seuil en dessous duquel une autorisation spéciale de la Chambre des Députés n'est pas requise.

(3) Toute acquisition par l'Etat d'une propriété immobilière ou mobilière importante, toute réalisation au profit de l'Etat d'un grand projet d'infrastructure ou d'un bâtiment considérable ainsi que tout engagement financier important de l'Etat doivent être autorisés par une loi spéciale. Une loi générale détermine les seuils à partir desquels cette autorisation est requise, ainsi que les conditions et les modalités pour financer les travaux préparatoires.

(4) Toute charge grevant le budget de l'Etat pour plus d'un exercice doit être établie par une loi spéciale.

(5) Toute pension, tout traitement d'attente ainsi que toute gratification à la charge de l'Etat sont accordés par une loi.

**Art. 118.**  
Chaque année, la Chambre des Députés arrête la loi des comptes et vote le budget. Toutes les recettes et dépenses de l'Etat doivent être portées au budget et dans les comptes.

**Art. 119.**  
(1) Une Cour des comptes est chargée du contrôle de la gestion financière des organes, administrations et services de l'Etat. La loi peut lui confier d'autres missions de contrôle

de gestion financière des deniers publics.

(2) La Cour des comptes soumet ses contestations et recommandations sur le compte général de l'Etat à la Chambre des Députés.

(3) Les attributions et l'organisation de la Cour des comptes ainsi que les modalités de son contrôle et les relations avec la Chambre des Députés sont déterminées par la loi.

(4) Les membres de la Cour des comptes sont nommés par le Grand-Duc sur proposition de la Chambre des Députés.

**SECTION 3. –  
DES RELATIONS ENTRE L'ETAT  
ET LES COMMUNAUTES  
RELIGIEUSES**

**Art. 120.**  
Les églises et les communautés religieuses sont séparées de l'Etat.

La loi règle les relations entre l'Etat et les églises et communautés religieuses.

Dans les limites et formes déterminées par la loi, des conventions à approuver par la Chambre des Députés peuvent préciser les relations entre l'Etat et les églises et communautés religieuses.

**CHAPITRE IX. –  
DES COMMUNES**

**Art. 121.**  
(1) Les communes forment des collectivités autonomes, à base territoriale, possédant la personnalité juridique et gérant par leurs organes leurs intérêts et leur patrimoine propres.

(2) La loi règle la composition, l'organisation et les attributions des organes de la commune.

**Art. 122.**  
(1) Il y a dans chaque commune un conseil communal élu directement sur base du suffrage universel et par vote secret.

(2) La commune est administrée sous l'autorité du collège des bourgmestre et échevins, qui sont nommés parmi les membres du conseil communal dans la forme déterminée par la loi.

**Art. 123.**  
(1) Les impôts au profit des communes sont établis par la loi. Dans le respect de ses compétences constitutionnelles et légales, le conseil communal peut établir les impôts et les taxes nécessaires à la réalisation de l'intérêt communal. Les impôts et les taxes communaux sont approuvés par l'autorité de surveillance.

(2) Le conseil communal établit annuellement le budget de la commune et en arrête les comptes.

(3) Les communes ont droit aux ressources financières pour remplir les missions qui leur sont confiées par la loi.

**Art. 124.**  
Le conseil communal fait les règlements communaux, sauf les cas d'urgence.

Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, les règlements communaux



ne peuvent être pris qu'en vertu d'une disposition légale particulière qui fixe l'objectif des mesures d'exécution et, le cas échéant, les conditions auxquelles elles sont soumises.

Les règlements communaux doivent être conformes aux lois et aux règlements pris en application de l'article 45.

**Art. 125.**  
(1) La rédaction des actes de l'état civil et la tenue des registres de ces actes sont exclusivement dans les attributions des organes de la commune que la loi détermine.

(2) La loi établit le statut des fonctionnaires communaux.

**Art. 126.**  
Toute commune peut créer, seule ou avec d'autres communes, des établissements publics dans les limites et selon la manière déterminée par la loi.

**Art. 127.**  
La loi règle la surveillance

de la gestion communale et détermine limitativement les actes des organes communaux à approuver par l'autorité de surveillance. Elle peut soumettre certains actes des organes communaux à l'approbation de l'autorité de surveillance et prévoir leur annulation ou leur suspension en cas d'illégalité ou de contrariété à l'intérêt général, sans préjudice des attributions des juridictions de l'ordre judiciaire ou de l'ordre administratif.

Le Gouvernement en conseil peut dissoudre le conseil communal dans l'intérêt de la gestion de la commune.

**CHAPITRE X. –  
DES ÉTABLISSEMENTS  
PUBLICS DE L'ÉTAT ET DES  
ORGANES PROFESSIONNELS**

**Art. 128.**  
(1) La loi peut créer des établissements publics, qui ont la personnalité juridique et qui sont placés sous la tutelle de l'Etat.

(2) La loi peut créer des chambres professionnelles, qui ont la personnalité juridique.

(3) La loi peut constituer des organes représentatifs des professions libérales et les doter de la personnalité juridique.

**Art. 129.**  
(1) La loi détermine l'objet, l'organisation et les compétences des établissements publics, des chambres professionnelles et des organes des professions libérales, qui ont la personnalité juridique.

(2) Dans la limite de leur objet, la loi peut leur accorder la compétence de prendre des règlements. Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, ces règlements ne peuvent être pris qu'en vertu d'une disposition légale particulière qui fixe l'objectif des mesures d'exécution et, le cas échéant, les conditions auxquelles elles sont soumises.

Ces règlements doivent être conformes aux lois et aux règlements pris en application de l'article 45.

**CHAPITRE XI. –  
DE LA RÉVISION DE LA  
CONSTITUTION**

**Art. 130.**  
Aucune disposition de la Constitution ne peut être suspendue.

**Art. 131.**  
Toute révision de la Constitution doit être adoptée dans les mêmes termes par la Chambre des Députés en deux votes successifs, séparés par un intervalle d'au moins trois mois.

Nulle révision ne sera adoptée si elle ne réunit au moins les deux tiers des suffrages des membres de la Chambre, les votes par procuration n'étant pas admis.

Le texte adopté en première lecture par la Chambre des Députés est soumis à un référendum, qui se substitue au

second vote de la Chambre, si dans les deux mois suivant le premier vote demande en est faite soit par plus d'un quart des membres de la Chambre, soit par vingt-cinq mille électeurs inscrits sur les listes électorales pour les élections législatives. La révision n'est adoptée que si elle recueille la majorité des suffrages valablement exprimés. La loi règle les modalités d'organisation du référendum.

**CHAPITRE XII. –  
DISPOSITIONS TRANSITOIRES**

**Art. 132.**  
Les dispositions de l'article 56 sont pour la première fois applicables à la descendance de Son Altesse Royale Henri, Grand-Duc de Luxembourg, Duc de Nassau.

**PRÉSENTATION DES  
RÉVISIONS DES CHAPITRES  
« CHAMBRE DES DÉPUTÉS »  
ET « CONSEIL D'ÉTAT » DE LA  
CONSTITUTION**

Les rapporteurs des quatre propositions de révision de la Constitution, Mme Simone Beissel, M. Mars Di Bartolomeo, M. Léon Gloden et M. Charles Margue, ont fait le point sur les travaux relatifs aux révisions de la Constitution lors d'une conférence de presse qui s'est tenue le 11 juillet 2022 à la Chambre des Députés.

Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, a souligné l'importance de la transparence et du dialogue au cœur de l'élaboration de la révision de la loi fondamentale de notre pays. La proposition de révision n° 7777 représente le quatrième et dernier volet du processus de réforme de la Constitution. Des adaptations ponctuelles pourraient néanmoins intervenir à l'avenir pour tenir compte de

l'évolution du monde et des besoins de la population, a expliqué M. Etgen.

**« TROP DE COMMISSIONS  
D'ENQUÊTE TUENT LA  
COMMISSION D'ENQUÊTE »**

Les rapporteurs des propositions de révision sont revenus sur les points forts des chapitres « Chambre des Députés » et « Conseil d'État ». « Les missions essentielles de la Chambre des Députés consistent à légiférer et à contrôler le Gouvernement », a expliqué le rapporteur des chapitres en question, M. Charles Margue. Parmi les modifications substantielles figurent l'introduction d'une initiative législative citoyenne et l'abaissement du seuil pour la mise en place d'une commission d'enquête parlementaire. Une telle commission peut désormais être mise en place si un tiers des députés le demandent. Le recours aux commissions d'enquête doit cependant

rester un moyen exceptionnel et ponctuel, car « trop de commissions d'enquête tuent la commission d'enquête », a indiqué le Président de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle, M. Mars Di Bartolomeo.

Avec la proposition de révision sur table, un autre changement de paradigme aura lieu, a expliqué le rapporteur du chapitre concernant la justice, M. Léon Gloden. Le Conseil d'État ne sera en effet plus l'organisme de consultation exclusif du Gouvernement, mais il pourra également être consulté par la Chambre des Députés sur toutes autres questions.

L'entrée en vigueur de la nouvelle Constitution exige par ailleurs un certain nombre de textes légaux nouveaux ou d'adaptations législatives. Concernés sont par exemple les sujets tels que l'initiative législative citoyenne ou encore la baisse du seuil pour

l'instauration d'une commission d'enquête.


**LES ÉTAPES SUIVANTES :  
LES DEUXIÈMES VOTES  
CONSTITUTIONNELS**

M. Mars Di Bartolomeo a rappelé les différentes étapes qui doivent être franchies avant la clôture des travaux.

Chaque révision constitutionnelle est soumise à deux votes successifs séparés par un intervalle d'au moins trois mois. Un premier vote constitutionnel a d'ores et déjà eu lieu pour le chapitre « Justice » le 20 octobre 2021. Le 25 janvier 2022, les chapitres relatifs à l'« Organisation de l'État » ont été soumis à un premier vote constitutionnel. Le chapitre « Droits et libertés » a été débattu et soumis au premier vote constitutionnel le 9 mars 2022. La révision des chapitres « Chambre des Députés » et « Conseil d'État » a été adoptée le 13 juillet 2022.

Le deuxième vote constitutionnel peut être remplacé par un référendum si 16 députés ou 25.000 électeurs inscrits sur les listes électorales pour les élections législatives le demandent.

Les nouveaux textes entreront en vigueur six mois après leur publication.



Le Président de la Chambre, M. Fernand Etgen (au milieu), entouré des rapporteurs des quatre propositions de révision de la Constitution, M. Charles Margue et M. Mars Di Bartolomeo (1<sup>er</sup> et 2<sup>e</sup> à gauche) ainsi que M. Léon Gloden et Mme Simone Beissel (2<sup>e</sup> et 1<sup>re</sup> à droite)





# CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

ÉDITION SPÉCIALE

RÉVISIONS DE LA

## CONSTITUTION

INFORMATION

DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

La proposition de révision de la Constitution concernant les droits et libertés a été adoptée le 9 mars 2022 - par un premier vote - avec une majorité de deux tiers des suffrages des députés (Proposition de révision n° 7755 du chapitre II de la Constitution).

### PRINCIPAUX CHANGEMENTS

**De nouveaux droits fondamentaux sont inscrits dans la Constitution :**

- l'interdiction de la torture,
- l'inviolabilité de la dignité humaine,
- le droit à l'intégrité physique et mentale.

**De nouvelles libertés publiques sont consacrées dans le texte :**

- le droit de fonder une famille,
- l'intérêt de l'enfant (introduit suite aux consultations citoyennes),
- la protection des données à caractère personnel,
- le droit d'asile.

Toute limitation de l'exercice des libertés publiques doit être prévue par la loi et respecter leur contenu essentiel.

**Une nouvelle section consacrée aux objectifs à valeur constitutionnelle est introduite. Parmi ces nouveaux objectifs, dont certains font suite aux consultations citoyennes, on retrouve :**

- la sauvegarde de la biodiversité, la lutte contre le dérèglement climatique,
- la reconnaissance des animaux comme êtres vivants non humains dotés de sensibilité et la protection de leur bien-être,
- l'accès à la culture et le droit à l'épanouissement culturel,
- la protection du patrimoine culturel,
- la liberté de la recherche scientifique,
- le dialogue social,
- le droit au logement.

Conformément à l'article 114 de la Constitution, la proposition n° 7755 devra faire l'objet d'un deuxième vote de la Chambre des Députés à intervenir dans un intervalle d'au moins trois mois depuis le premier vote. Ce deuxième vote peut être remplacé par un référendum, si la demande en est faite par 16 députés au moins ou 25.000 électeurs inscrits sur les listes électorales pour les élections législatives.

L'intégralité du dossier parlementaire peut être consultée sur le site [www.chd.lu](https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution) (<https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution>).

REVISIÖUNE VUN DER

## CONSTITUTION

INFORMATIÖUN

VUN DER CHAMBER

D'Chamber huet d'Propositoun N° 7755 fir d'Revisioun vun der Verfassung op dem Kapitel Rechter a Fräiheeten an engem éischte constitutionnelle Vott den 9. März 2022 mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen ugeholl (Proposition de révision n° 7755 du chapitre II de la Constitution).

### HAAPTÄNNERUNGEN

**Et ginn nei Grondrechter:**

- d'Verbuet vun der Folter,
- d'Onverletzbarkeet vum Mënsch senger Wüerd,
- d'Recht op Integritéit vu Kierper a Geescht.

**Et ginn nei Biergerfräiheeten am Text verankert:**

- d'Recht, eng Famill ze grënnen,
- den Interessi vum Kand (ageféiert opgrond vu Biergerconsultatiounen),
- de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën,
- d'Recht op Asyl.

All Limitatioun vun de Fräiheete vun de Bierger muss vum Gesetz virgesi sinn an hire weesentlechen Inhalt respektéieren.

**Et gëtt eng nei Sektoun mat Staatsziler, déi d'Constitution festhält. E groussen Deel gëtt opgrond vun de Biergerconsultatiounen ageféiert. Énnert deenen neien Ziler fënnt een:**

- d'Erhale vun der Biodiversitéit, den Asaz géint de Klimawandel,
- d'Unerkennung vun den Déieren als net mënschlech Liewewiese mat Sensibilitéit, de Schutz vun hirem Wuelbefannen,
- den Zougang zur Kultur an d'Recht op kulturell Entwécklung,
- de Schutz vum kulturelle Patrimoine,
- d'Fräiheet vun der wëssenschaftlecher Fuerschung,
- de Sozialdialog,
- d'Recht op Wunnen.

Nom Artikel 114 vun der Verfassung muss d'Propositoun N° 7755, no op d'mannst dräi Méint nom éischte Vott, duerch en zweete constitutionnelle Vott vun der Chamber adoptéiert ginn. Den zweete Vott kann duerch e Referendum ersat ginn, wann op d'mannst 16 Deputéiert oder 25.000 Wieler, déi an de Wielerlëscht fir d'Chamberwalen agedroe sinn, dat froen.

De ganze parlamentareschen Dossier kann op der Websäit [www.chd.lu](https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution) consultéiert ginn (<https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Constitution>).





CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# SOMMAIRE

## 39<sup>E</sup> SÉANCE - Mercredi 9 mars 2022

Présidence : M. Fernand Etgen, Président, et M. Marc Spautz, Vice-Président

|                                                                                                                  |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                          |
|------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| 1. OUVERTURE DE LA SÉANCE PUBLIQUE                                                                               | - M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                            |
| 2. 7755 - PROPOSITION DE RÉVISION DU CHAPITRE II DE LA CONSTITUTION                                              | - M. Fernand Etgen, Président (intervention de M. André Bauler)<br>- Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : Mme Simone Beissel<br>- Discussion générale : M. Léon Gloden - Mme Simone Beissel - M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel) (interventions de M. Guy Arendt et M. Jeff Engelen) - M. Mars Di Bartolomeo - M. Charles Margue - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et M. Fred Keup) - M. Gilles Roth (parole pour fait personnel) - M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel) (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et M. Claude Wiseler) - M. Mars Di Bartolomeo (parole pour fait personnel) - Mme Nathalie Oberweis (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - M. Sven Clement (dépôt de la motion 1) - M. Léon Gloden (interventions de M. Fernand Kartheiser)<br>- Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) - Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice<br>- Premier vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution<br>- Motion 1 : M. Mars Di Bartolomeo - M. Sven Clement<br>- Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission (adopté) |
| 3. DÉPÔT D'UNE DEMANDE D'ORGANISATION D'UN REFERENDUM TEL QUE PRÉVU À L'ARTICLE 114, ALINÉA 3 DE LA CONSTITUTION | - Exposé : M. Fernand Kartheiser                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                         |
| 4. ORDRE DU JOUR                                                                                                 | - M. Fernand Etgen, Président - M. Michel Wolter - M. Fernand Kartheiser - M. Michel Wolter - M. Sven Clement - Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice - Mme Myriam Cecchetti - M. Fernand Etgen, Président - M. Michel Wolter                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                           |

Au banc du Gouvernement se trouve : Mme Sam Tanson, Ministre.

(La séance publique est ouverte à 14.02 heures et close à 17.07 heures.)



<https://www.chd.lu/ArchivePlayer/video/3581.html>

### 1. OUVERTURE DE LA SÉANCE PUBLIQUE

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen, Président.-** Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

### 2. 7755 - PROPOSITION DE RÉVISION DU CHAPITRE II DE LA CONSTITUTION

Den eenzege Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass d'Verfassungsöfännerung 7755, déi d'Kapitel II iwwert d'Rechter an d'Fräiheeten ofännert.

Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt.

(Brouhaha)

**M. André Bauler (DP).-** Da lauschtert dem President no!

**M. Fernand Etgen, Président.-** D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Léon Gloden, d'Madamm Simone Beissel, den Här Mars Di Bartolomeo, den Här Charles Margue, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Sven Clement.

(Brouhaha)

An d'Wuert huet elo d'Rapporteur vun der Verfassungsöfännerung, déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

### RAPPORT DE LA COMMISSION DES INSTITUTIONS ET DE LA RÉVISION CONSTITUTIONNELLE

**Mme Simone Beissel (DP), rapportrice.-** Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn haut d'Éier an de grouse Pleséier, fir lech d'Kapitel II vun eiser Verfassungsrevisioun ze presentéieren.

Et gouf an de leschte Joren extreem vill geschafft, net nëmmen un dësem Kapitel, mee och un deenen aneren. An an de leschte Méint hu mer d'Aarbecht intensivéiert, well mer onbedéngt wollten no vir kommen.

Mir hunn awer alles mat Präzisioun an an allen Detailer wierkelech gekuckt, fir dass mer dee beschtméiglechen Text kréien. Dat war keng einfach Aarbecht! Mee mir hunn, bal jiddwereen, ganz konstruktiv matgeschafft. A mir sinn och bal alleguerten zesummen op e gemeinsamen Nenner komm.

Dofir wëll ech emol vironn meng Corapporteren, dem Mars Di Bartolomeo, dem Léon Gloden an dem Charles Margue, en häerzleche Merci soe fir eis intensiv Aarbecht, mee och alleguerten deenen anere Kolleegen aus der Verfassungskommissioun, déi konstruktiv matgeschafft hunn.

Ech wäert elo op déi eenzel Punkte vun dem Kapitel II agoen.

Den Text, deen ass den 29. Abrëll 2021 deposéiert ginn. An de Schlussrapport ass den 13. Dezember an der Verfassungskommissioun ugeholl ginn. D'Regierung, déi hat am Juni

nach eng Prise de position gemaach. Doniewent hate mer eng riseg Zuel vun Avisen, ech weess net, wivill et der waren: vum Staatsrot, doniewent en Avis préparatoire an en Avis définitif vun der Commission de Venise vun dem Conseil de l'Europe, Avise vun der Chambre des Salariés, vun der Chambre des Métiers, vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, vum Syvicol, doniewent Avise vum Bezirksgeriicht Lëtzebuerg, vum Parquet général, vun der Commission nationale pour la protection des données, vum Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher.

Mir kruten och en Avis era vun der Commission consultative des droits de l'homme, mee leider kum den 17. Januar dëst Joer eran, dat heescht fënnef Wochen, nodeem mer de Schlussrapport ugeholl hunn. Mee ech wäert awer a menge mëndlechen Ausféierungen op deen een oder deen anere Punkt dovun agoen.

Also, d'Kapitel II - d'Grondrechter an d'ëffentlech Fräiheeten - ass a véier Sektioenen agedeelt. Fir d'éischt ass eng éischt Sektioon mat der Nationalitéit an de politesche Rechter. An da kommen, zweetens, déi richteg Grondrechter, drëttens d'Libertés publiques, d'ëffentlech Fräiheeten, och nach „individuell“ oder „kollektiv Biergerrechter“ genannt, an dann, véiertens, d'Objectifs à valeur constitutionnelle, déi sougenannte „Staatsziler“, déi een awer och nach „Orientierungen“ oder „lignes de conduite“ nennt.

Zu der Nationalitéit an de politesche Rechter: Et geet lass do

mam Artikel 9. Do steet dran, wéi d'Lëtzeburger d'Nationalitéit kréien, wéi se se och kënne verléieren. Dat hu mer einfach aus dem besteeënden Text eriwergeholl.

Den Artikel 9bis iwwert d'politesch Rechter, do kum awer eng Präzisioun derbäi, well do och festgestallt gëtt, dass Netlëtzeburger, an zwar iwwer e Gesetz, a bestëmmte Fäll kënne politesch Rechter kréien. Awer onofhängeg dovun bleiwen d'Konditiounen bestoen, déi am Artikel 52 stinn, deen iwwert d'Chamberwale geet, dee muss respektéiert ginn. An dee seet ganz kloer, dass an de Chamberwale nëmmen kënne Lëtzeburger wale goen. Dat heescht, et muss ee Lëtzeburger sinn, et muss ee seng zivill a politesch Rechter hunn an et muss een 18 Joer hunn, fir do kënne mat wale goen.

Leschten Artikel, dat ass den 9ter. Mir hu momentan nach eng relativ komplizéiert Numerotatioun, mee mir gesinn eis mam Staatsrot, fir do nach „toilette du texte“ ze maache fir den definitiven Text, wéi mer dat numerotéieren. Do geet et ëm den Accès zu dem ëffentlechen Dëngscht. Dir wësst, dass do bestëmmten Hoheitsgebiete eleng de Lëtzeburger reservéiert sinn an et bei deenen anere Méiglechkeete gëtt.

Zu de Grondrechter: Ech ginn ëmmer dovun aus, ech soen ëmmer, si wäert betonéiert. Et geet lass mat dem Artikel 10, dee seet, dass d'Dignitéit, d'Würd vum Mënsch, onantastbar ass. Dat ass och eent vun den Haaptrechter vun den Europäesche Mënscherechtskonventiounen.

Den Artikel 10bis, inspiréiert un der Charte des droits fondamentaux vun der Europäescher Unioun, hält fest, dass all Mënsch d'Recht op physisch a mental Integritéit huet. Dat ass och inspiréiert un der Europäescher Mënscherechtskonventioun vun 1950. An am zweete Punkt vun dësem Text steet awer, dass och kee Mënsch kann torturéiert ginn an dass och kee Mënsch dierf engem degradanten oder onmënschleche Verhale ënnerluecht ginn. Och de Verbuet vun der Doudesstrof, Dir kennt deen alleguerten, deen hu mer scho laang, deen ass säit 1978 an eisen Texter, dee gouf einfach eriwergeholl.

Den Artikel 10ter, deen hält dann all Mënsch säi Recht fest op seng Meenungsfräiheet, d'Liberté de conscience an op d'Reliounsfräiheet. Och dëst sinn alles Texter ..., mir hu bei ganz ville Saachen d'Rad net nei erfonnt, well se scho ganz gutt formuléiert waren, a mir hu se eriwergeholl textuell oder just kleng Verbesserunge gemaach. Alles dat ass schonn an der aktueller Verfassung.

Elo zu de Libertés publiques - also, déi éischt Rubrik ass fäerdeg -, ëffentlech Fräiheeten, do ass d'Serie vill méi laang. Erënnert lech, sougutt zu den ëffentleche Fräiheete wéi zu den Objectifs à valeur constitutionnelle hate mer eng Serie vu Biergerconsultatiounen. A mir hu vun deene sou vill, wéi et gaangen ass, an déi Texter afléisse gelooss.

Hei geet et lass mat dem Artikel 11. Am Artikel 11 gëtt festgehalten, dass d'Lëtzeburger virum Gesetz alleguerte gläich sinn.



Eng Persoun kann nëmmen dann duerch e Gesetz anescht behandelt ginn - an nëmmen dann! -, wann et gerechtfertegt ass, wann et der Situatioun ugepasst ass a wann de Prinzip vun der Proportionalitéit, dat heescht d'Verhältnisméissegkeet, bewisen ass.

Dëse Saz, dee gëtt reegelméisseg vun eise Verfassungsgeriicht benotzt, wann eebe just Diskussiounen sinn iwwert d'Gläichheet vun de Leit virum Gesetz. An et ass och vun engem Arrêt vun der Cour constitutionnelle, wou mer dat eriwierge holl hunn.

Weider bestinn dann och d'Prinzipien, dass keen dierf diskriminéiert ginn an dass Mann a Fra gläich sinn en droit et en devoir.

Am Punkt 4 vun deem selwechten Artikel 11 ass festgehalten, dass all Mënsch d'Recht huet, eng Famill ze grënnen, an all Mënsch och d'Recht huet, dass seng Famill, dass säi Familjeliewe respektéiert gëtt.

Mir haten an der Kommissioun Diskussiounen iwwert d'Definitioune vun der Famill. Dir wësst

vun eisen internen Diskussiounen, mee awer och op Wonsch vum OKaJu hu mer se nach massiv gestärkt. Mir hu se eebe just aus der véierter Sektioon vir an d'effentlech Fräiheeten erageholl, wou se eischtens aklobar sinn an zweetens dann och vill méi gestärkt sinn, well se ganz vir schonn d'Jalone setzen.

Och den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher, den OKaJu, huet dat do begréisst a wierklech gesot, de Prinzip vum Recht op Famill an de Respekt vun der Famill kréichen hei vill méi eng staark Sécherheet mat deem, wou mer se placéiert hunn. Et wäeren dës Punkten net just eleng eng politesch Orientéierung, mee doniewent wär et e staarken, en onmëssverständleche Message un alleguerten d'Kanner an d'Jugendlecher, dass se wierklech wëssen, dass hiert Liewen elo nach méi staark geschützt gëtt.

Leschte Punkt, de Punkt 6, vun deem Artikel, dee geet em d'Behandlung vun eise Matbierger, déi eng Behënnerung hunn. An do hu mer dat ganz nei formuléiert, dass mer gesot hunn: Déi kënnen alleguerten d'Rech-

Fakten, déi dee Moment strof-fräi waren, an da muss de Riichter sech och dorun halen. Dat ass wierklech en zoustänneg Schutz fir alleguerten d'Bierger, d'Justiciables.

D'Artikelen 15 a 16, déi ginn iwwert de Respekt vun der Privatsphär an d'Inviolabilitéit vum Domicile, eppes ganz Laanges, dat hu mer scho säit 1841 deelsweis an eisen Texter.

Den Artikel 17 betrëfft de Sermment, awer just d'Formule dovun, dass dee kann duerch Gesetz gereegelt ginn.

Dann den Artikel 18 iwwert d'Meenungsfräiheet an d'Pressefräiheet, déi hu mer iwwerholl. Mir hu just eng kleng Ännerung gemaach, well Dir wësst, dass entre-temps an eiser Gesellschaft ganz villen net nëmmen einfach schréiftlech geet, mee duerch nei Technologien, a mir hu versicht, där ganzer Evolutioun do Rechnung ze droen.

Bei der Reliounsfräiheet ass och kopéiert gi vun dem aktuellen Artikel. Mee, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir wësst, dass do och eng grouss

ass elo an der Verfassung. Do hu mer just legistesche Upassungen gemaach. D'Kommunikatioun, déi geet awer haut wäit iwwer normal Bréiwer, wéi dat ëmmer an deenen ale Verfassungen steet, eraus. An do wollte mer och ..., do huet d'Kommissioun gesot: „Mir müssen deenen neien Technologie Rechnung droen.“ An do hu mer dat liicht ëmformuléiert, fir och der Digitalisatioun Rechnung ze droen.

Här President, den Artikel 24, dee betrëfft, dass all Mënsch säi Recht huet op eng Autodétermination informationnelle. Dat klängt op Franséisch e bësse komesch. Dat hu mer aus der däitscher Verfassung eriwierge holl. Dat seet, dass all Mënsch d'Recht huet op de Schutz vu senger privaten Donnéeën, also den Dateschutz. An hei huet d'CNPD den Auteurs felicitéiert, well se gesot hunn: „Et ass extrem wichtig, dass dee Prinzip elo op dem héchsten nationalen Niveau vun eeben dem Text steet, deen déi héchsten normativ Kraaft huet an der Lëtzebuerger Hierarchie.“ Do krute mer dann extra Luef - heiansdo gëtt een och gelueft!

Den Artikel 25, den Droit d'asile, hate mer schonn. Dir wësst, dat ass d'Basiskonventioun vu Genève vun 1951. Deen ass méi wéi akut.

Dann de 26, Erzéiung a Bildung. Dir wësst, dass dat och scho laang an der Verfassung steet. Mee do hu mer awer och prezisiéiert, reformuléiert, well mir wollten en der Zäit upassen. Wat do nei ass, dat ass zum Beispill d'ganz Geschicht vun den Etüden am Ausland. Mir hunn elo drageschriwwen, dass all Mënsch d'Recht an d'Fräiheet huet, fir seng Etüden do ze maachen, wou et him grad passt. Natierlech kënnt dann de Problem hannerendru vun der Reconnaissance oder Homologatioun vun den Diplomen. An dat gëtt jo awer zousätzlech duerch Gesetz regléiert.

D'Artikelen 27 bis 29, dat ass d'Sécurité sociale, d'Liberté du commerce an den Droit de propriété. Déi sinn einfach vun eiser besteender Verfassung vun 1868 eriwierge holl ginn.

Dann den Artikel 30. Do hu mer natierlech innovéiert. Dodran ass déi berühmte Clause transversale, déi eebe seet, dass ... Mir hunn an den Artikelen virdru scho ganz oft stoen: „sauf les exceptions prévues par la loi.“ Hei hu mer dat nach eng Kéier bestärkt, well mir hunn do den Accord kritt, sougutt vun der Commission de Venise wéi vun x Rapporte vum Staatsrot. Deen Artikel, dee seet, dass eeben d'effentlech Fräiheeten nëmmen ënner ganz strikte Konditiounen ..., dass d'Proportionalitéit, de Contenu essentiel muss gewaart ginn, den Intérêt général muss gewaart ginn. All déi Konditiounen müssen erfüllt sinn, fir dass de Gesetzgeber - an de Gesetzgeber eleng - ..., dat heescht, nëmmen duerch d'Gesetz kann hei iergendeppes dru geännert ginn an haaptsächlech ageschränkt ginn. Dat gesot dozou, dat ass eng wichteg Neierung, dat steet och textuell an dem Artikel 52 vun der Europäescher Charta vun de Grundrechten, déi ech d'Éier hat, mat auszuschaffen, zu Bréissel.

(Brouhaha)

Da komme mer elo nach zu der leschter Rubrik, den Objectifs à valeur constitutionnelle. Do ass fir d'éischt den Droit au travail ...

**M. Fernand Etgen, Président.** - Wannechgelift, et wier gutt, wann et gesamt gekuckt am Sall e bësse méi roueg wier.

**Mme Simone Beissel (DP), rapportrice.** - Et ass eng schwierig Matière, Här President.

Den Droit au travail, deen hu mer scho ganz laang dran, ech hunn lech gesot, säit 1948. Am Artikel 31bis, do ass de Sozialdialog bäigefüügt ginn. Dat ass nei. Dat ass scho jorelaang gefrot gi vun alle Säiten an notament och vun eise professionellen Organen. Dat ass extrem wichtig, well Dir wësst, de Sozialdialog an d'Cohésion sociale sinn ee vun de Labelen vun eise Land, an dofir ass et ganz gutt, dass dat elo Verfassungsstatus krut, an am selwechte Moment alleguerten déi professionell Organen, déi hëllefen, eeben de Sozialdialog an d'Cohésion sociale héichzehalen.

Och d'Recht op eng Wunneng, wat jo e leidegt Thema ass, ass e Staatszil. Dat stoung och scho ganz laang an der Verfassung vu virdru. Dat steet och an anere Verfassungen, notament an där spuenescher, an där portugisescher, ënnert deene selwechte Staatsziler.

Bei dësen Objektiven, déi jo net viru Geriicht aklobar sinn, ass d'Iddi, dass de Staat sech soll all méiglech Moyene ginn, fir am Interessi vun der Liewensqualitéit vu senger Bierger ze probéieren, déi Objektiv ... awer just opgeléicht ginn a wou ee keng Obligation ferme huet an och keng Zäitschinn, fir et ze maachen, fir dohinne ze goen, fir se haaptsächlech net aus den Aen ze verléieren.

Déi lescht dräi Punkten an den Objectifs à valeur constitutionnelle sinn och Saachen, déi momentan méi modern sinn, an dat sinn der wierklech, déi d'Consultation citoyenne eis erginn huet, nodeem mer 2015 an 2016 an 2017 d'Bierger consultéiert hunn. Dat sinn u sech den Ëmweltschutz mat dem Déiereschutz, dann den Accès op d'Culture an de Patrimoine culturel an d'Fräiheet vun der wëssenschaftlecher Forschung.

Zum Naturschutz ass et d'Iddi, dass de Staat muss alles maachen, fir den Equilibre ze fannen zwëschen dem Liewensraum an op där anerer Säit awer ze probéieren, fir alles ze maachen, fir d'Natur esou gutt wéi méiglech ze konservéieren.

E groussen Akzent gëtt do geluecht op d'Nohaltegkeet an d'Biodiversitéit, well dat in aller Munde ass an dat ëmmer méi e Problem gëtt. An et geet drëm, dass mer net nëmmen op eis kucken, mee och no den zukünftigen Generatiounen an an déi Richtung plangen.

De Staat soll wierklech kämpfen, mathëllefen, och wa mer kleng sinn, géint de Klimawandel, den Dérèglement climatique a versichen, iergendwéini och hei an dem Land d'Klimaneutralitéit ze kréien.

Zum Schutz vun den Déieren, ganz kuerz, dat besteet jo schonn eng Zäit, do ass just gesot ginn, dat steet schonn am Agrargesetz vu virdru, d'Déiere kréien elo de Status, fir se besser ze schützen, dass et net mënschlech Wiese si mat Sensibilitäten.

Den Accès zur Kultur, ech mengen, dat steet eis alleguerte gutt zu Gesiicht. D'Fräiheet vun der Kultur an engem fräie Land, och wann et net textuell drasteet, mee den Accès zu der Kultur soll vum Staat fir all Mënsch garantéiert sinn. E soll de Patrimoine culturel schützen an och d'Ierfschaft, déi mer säit Generatiounen hei an deem Land konnten opbauen.

Här President, als allerleschte Punkt d'Libertéit vun der Recherche scientifique. Mir wëssen alleguerten, dass mer dauernd am Wandel sinn an dass et extrem wichtig ass, dass ge-



D'Madamm Simone Beissel (DP), Rapportrice

alleguerten, dass sech an de leschte Jore vill gedoen huet. An esougutt den Europäesche Mënscherechtsgerichtshaff vu Stroossbuerg wéi awer och d'Konventiounen, dat heescht och d'Europäesch Mënscherechtskonventioun, gesinn d'Notioun vun der „Famill“ als evolutiv.

Do derniewent, an dat ass elo vill méi rezent, huet de Conseil de l'Europe eng Definitioune extrem large et généreuse gi vun der Famill. An déi hu mer och an eisen Texter ugeholl.

Generell gesi sinn all déi Instanzen, ob et elo den Europäesche Mënscherechtsgerichtshaff ass wéi och d'Texter an eiser Lëtzebuerger Jurisprudenz vum ieweschten Geriicht, favorabel zu all Familiform. An Zukunft kann ee sech dee Moment, wann e Gesetz do och kënnt, op déi Europäesch Mënscherechts-texter, den Artikel 8 notament vun der Konventioun vun 1950, baséieren.

Am Punkt 5 vum Artikel 11, dat ass dann en neien Text, do sinn d'Kannerrechter nach emol massiv gestärkt ginn. Den Interessi vum Kand huet absolutte Virrang. All Kand muss kënnen seng Meenung soen zu allem, wat dat Kand concernéiert, a mir hunn do eng Formel geholl, déi un der belscher Verfassung inspiréiert ass, an dat no senger Méiglechkeeten, dat heescht jee no Alter a Capacitéit, fir alles ze verstoen, em wat et da geet.

Ufanks hate mer sougutt d'Famill wéi de Schutz vun der Kanner an den Objectifs à valeur constitutionnelle, mee opgrond

ter genéissen, déi alleguerten déi aner Mënschen an der Gesellschaft och hunn.

Här President, den 11bis, deen iwwerhëlt dann d'Rechter vun den Netlëtzebuerger an och d'individuell Fräiheeten.

An dem Paragraf 4 vun dem Artikel 12 - elo ginn ech bei deenen nächsten, op deenen anere kommen ech nach zrëck -, do gëtt explizit d'Présomption d'innocence nei ageschriwwen. Dir wësst, dat si Prinzipien, déi och an der Europäescher Mënscherechtskonventioun sinn. D'Unschuldsvermutung, dat heescht, et ass een esou laang als onschëlleg consideréiert, bis engem seng Schold wierklech legal bewisen ass - d'„burden of proof“ fir de Parquet. Dat hu mer scho laang hei. Dat ass eng Saach vun der Rechtssécherheet.

An deem Sënn sinn och d'Artikelen 13 a 14. Den 13 seet, dass all Mënsch e Recht huet, e Riichter ze gesinn. Virum engem Riichter ze stoen, dat ass en Apanage vun der Démocratie parlementaire a vun engem Rechtsstaat, well Dir wësst, an Diktature loosse se lech heiansdo laang schmoren, ier Der e Riichter gesitt!

Dann derniewent de Prinzip vun der Nonretroaktivitéit vun de Strofen, deen ass extrem wichtig. Dat wëllt soen, wann dee Moment, wou Der ugeklot gitt, de Fakt oder den Akt oder d'Infraktioun, em déi et geet, also méi staark an dem Text do steet wéi dee Moment, wou se gemaach gi sinn, dann dierf dat Gesetz net no hanne spillen. An heiansdo hutt Der souguer

Evolutioun ass hei zu Lëtzebuerger, a mir hunn do gesot: „Mir wëllen dat klären!“ Well et ass awer eng Differenz zwëschen der Liberté des cultes an der Liberté des religions. Fir dat kloer erauszestrichen an och fir ze wëssen, wat een do maache kann oder och net, hu mer do e Split gemaach, soudass d'Libertéit vun deem Artikel nach besser ginn ass.

Dann d'Versammlungsrecht, den 19bis, ass och eppes, wat Der kennt. Dat hu mer eriwierge holl, fir d'Libertéit nach ze vereinfachen. Mir hunn heiansdo verschidde Wieder geännert, mee d'Essenz vum Text ass d'selwecht ginn.

Den Artikel 20 iwwert déi politesch Parteien an hir Missiounen: Déi sti schonn eng Zäit an eiser Verfassung. Déi ware just am 32bis a sinn no vir geholl ginn.

Den Artikel 22, do geet et drëm, dass all Persoun kann ënnerschriwwen Requëten un d'Autoritéiten richten. D'Kommissioun huet awer do derbäigefüügt, dass d'Autoritéiten gebiede sinn, fir awer an engem Délai raisonnable op déi Demanden ze äntweren.

Een hunn ech elo vergiess, dat ass den Artikel 21. Dat sinn d'gewerkschaftlech Fräiheeten an d'Streikrecht. An deen hu mer och eriwierge holl. Mee Dir wësst héchstwahrscheinlech, dass dee scho säit 1948 an eiser Verfassung steet.

Dann, deen nächsten, d'Inviolabilitéit vun der perséinlecher Kommunikatioun, dat huet jo ganz vill Wichtigkeet haut. Dat



fuerscht gëtt. Wann Derelonëm-men eleng d'Covidkris kuckt: Ouni Fuerschung géife mer vläicht nach a véier Joer ënnert de Maske sëtzen. An ech mengen, dat wär fir kee vun eis flott. An dofir ass decidéiert ginn, der Recherche scientifique dee Status ze ginn, dee se schonn huet, d'autant plus wou mer schonn elo iwwer zéng Joer eng nei Uni zu Lëtzebuerg hunn, dat awer, an do muss een oppassen, an dat hu mer extra drageschriwwen, am Respekt vun den demokratesche Valeuren an op Basis vun de Grondrechter an de biergerleche Fräiheeten. Et dierf net absolutt Forschungsfräiheet ginn, well Dir wësst, do kommen aner Problematiken op eis zou, an déi wollt mer elo do extra dovun hiweisen. (veuillez lire: an déi wollt mer net ausser Uecht loossen.)

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ier ech elo zum Schluss kommen, wëll ech awer nach vun hei, well et war wierklech vill Aarbecht - et huet mer Spaass gemaach, mee et war, wéi gesot, vill Aarbecht mat där ganzer Ekip - e ganz häerzleche Merci soen der Madamm Carole Closener, eiser precieuse Sekretärin vun der Verfassungskommission.

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP), rapportrice.** - A mäi selwechten häerzleche Merci geet un d'Christine Fixmer, eis precieuse Mataarbechterin vun der DP-Fraktioun. Déi zwee hu mech maassgeblech gestärkt a gehollef a mir hate vill Diskussiounen, mee mir hunn alles gemaach, fir en uerdentlechen, performanten a modernen Text hinzekriien.

Ech soen lech Merci fir de Moment.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Madamm Rapportrice Simone Beissel.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

## DISCUSSION GÉNÉRALE

**M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Erlaabt mer, fir d'éischt der Madamm Corapportrice, dem Simone Beissel, Merci ze soen. D'Simone ass als Lescht am Fong an dee Club vun de Corapporteurs opgeholl ginn, mee et ass sécherlech déi Persoun, déi vun eis alleguer am meeschte Wëssen am Verfassungsrecht heibannen huet duerch seng Praxis an och duerch säin Enseignement, zum Beispill zu Aix op der Uni. An duerfir, Simone, e ganz grouse Merci fir d'Än Asaz! Du hues sécherlech deng Marque hei an deem Kapitel hannerlooss.

Här President, an der Deklaratioun vun de Mënscherechter vu 1789 - an ech hat d'lescht Woch de Privileeg, zu Paräis am Senat an deem Sall ze sëtzen, wou se deklaréiert gi sinn -, steet am Préambule: « Les représentants du peuple français, constitués en Assemblée nationale, considérant que l'ignorance, l'oubli ou le mépris des droits de l'homme sont les seules causes des malheurs publics et de la corruption des Gouvernements, ont résolu d'exposer, dans une déclaration solennelle, les droits naturels, inaliénables et sacrés de l'homme ».

A menger Ried iwwert den zweeten Deel vun der Verfassungsreform, also iwwert d'Monarchie, de Staatsrot an esou weider, hunn ech op dës Plaz gesot, dass et ëm d'Organisatioun vum Haus Lëtzebuerg

geet. Haut fülle mer dës Haus Lëtzebuerg mat eise Wäerter, déi mir liewen. Mir drécken d'Visitekaart vum Haus Lëtzebuerg. Mir leeën d'Eckpfeiler vun eiser Gesellschaft fest, wéi mer eis gesinn a wéi mer ënnereneen ee mat deem aneren ëmginn.

Laut Artikel 16 vun der Mënscherechtsdeklaratioun vu 1789 huet eng Gesellschaft, an där Mënscherechter net garantéiert ginn an d'Gewaltentrennung net respektéiert gëtt, keng Verfassung. Den Nelson Mandela sot, wann een de Leit hir fundamental Rechter oferkennt, heescht dat, dass een d'Mënscheit selwer mat Féiss trëppelt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, virun e puer Wochen hätt ech net geduecht, dass ech op dës Plaz nach eng Kéier misst d'Wichtigkeet vun de Fräiheeten an de Mënscherechter um europäesche Kontinent ervirhiewen. Ech denken, et wier gutt, wann den Här Putin haut géif hei nolauschten.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - D'Verfassung vun 1831 hat just eng kuerz Lésch vu fundamentale Rechter. D'Constitutatioun vun 1831 war an deem Sënn weineg ambitiéis a war impregnéiert

ropäescher Charte iwwerholl. Op där anerer Säit war et eis awer wichteg, well mer eng Verfassung vum 21. Joerhonnert, fir d'21. Joerhonnert schreiwen, fir eng Rei Fräiheeten a Rechter, déi et eebe virun nach net gi sinn oder déi nach net an Diskussioun waren, hei anzuschreiwen, wéi zum Beispill de Klimaschutz an d'Recht op d'Protektioun vu senger perséinlechen Donnéeën.

Englescht Virreklam: Dës Reform huet de grouse Virdeel, dass mer d'Fräiheeten an d'Grondrechter kloer kategoriséieren an der aktueller Verfassung. Erlaabt mer, dat ganz einfach ze soen: Et ass do e Mixmax. Dat heescht, dass mir fir d'éischt d'Kategorië vun de Grondrechter hunn. D'Grondrechter, Här President, kënnen nimools limitéiert ginn.

Déi zweet Kategorie ass déi vun den individuelle Fräiheeten, déi kënnen ënner bestëmmte Konditiounen limitéiert ginn. Och dat einfach gesot: Meng Fräiheet hält do op, wou deem anere seng ufänkt.

An déi drëtt Kategorie ëmfaasst d'Staatsziler, dat heescht Ziler, déi mir eis als Gesellschaft och ginn.

Als éischt Sektoren, an d'Madamm Beissel ass dorobber

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**Une voix.** - Jo.

**M. Léon Gloden (CSV).** - Haut ass d'Verfassung op deem Punkt vläicht net esou kloer. An opgrond vum Resultat vum Referendum vun 2015 - dat war d'ailleurs och d'Meenung vun der CSV - gëtt dat elo prezisiert. De Staatsrot huet d'ailleurs och gesot, dass mer dat solle prezisiieren. An duerfir hu mer déi Expressioun „sans préjudice“ derbäigesat. Dat ass ganz kloer. Do gëtt et näischt dran ze interpretéieren. „Sans préjudice“ heescht „unbeschadet von“, dat ass esou kloer wéi Bulletszopp!

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Och wann ech héieren, dass do duerch dann d'Fonction publique géif opgemaach gi fir Netlëtzeburger ... Ech wëll soen: Haut an der Verfassung steet och en Artikel, dee ganz kloer seet, dass fir verschidde Beruffer an der Fonction publique, déi mat dem Exercice vun der Souveränitéit ze dinn hunn oder mat den Intérêts généraux vum Land, d'Gesetz ka festleeën, dass dës Beruffer ausschliesslech u Lëtzeburger ginn. Dat ännert och net mat dëser Verfassung! Och do ass et ganz kloer, wat am

ass eng politesch Diskussioun, déi mer hei an deem héijen Haus jo scho geféiert hunn. Den Impfzwang gëtt net duerch eng Hannerdier ageféiert duerch déi heite Verfassung! D'ailleurs verweisen ech och op en Urteel vum Europäesche Mënschege-richtshaff vu Stroossbuerg, d'Urteel Vavřicka géint d'Tschechesch Republik, wou jo och gesot ginn ass, dass eng Impflicht ka legitim sinn.

Komme mer dann zu der drëtter Kategorie, zu den individuelle Rechter oder Fräiheeten.

Ech wëll do fir d'éischt mam Artikel vun der Famill ufänken. Fir eis als CSV ass et ganz wichteg, dass déi Notioun vun der Famill drasteet. A mir hunn eis do inspiréiert un den europäeschen Texter. D'Famill, an ech mengen, dat bestreit keen heibannen, ass nach ëmmer déi klassesch Zell vun eiser Gesellschaft. An de Charel Margue huet et och an der Table ronde richteg gesot: D'Famill ass vill méi wéi just Papp a Mamm a Kand, mee dat si jo och d'Grousselteren, d'Tat-taen, d'Monniën, d'Cousinen. Et ass do, wou mir eis alleguer, an engem bestëmmten Ëmfeld, wat mer gutt kennen, am Prinzip wuelfillen.

**M. Charles Margue (déi gréng).** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Elo ass et awer esou, an dat soen ech och ganz kloer: Mir schreiwen eng Verfassung fir d'21. Joerhonnert. A wann een eng Verfassung laanscht d'Realitéit, laanscht d'Fakte schreift, da bréckelt dee Sockel vun der Verfassung schon, éier de Béton haart ginn ass. An dat ass net gutt fir den Zesammenhalt vun der Gesellschaft!

An ech erënnere mech drun, Här President, wéi deemools de Mariage homosexuel hei ageféiert ginn ass, dat war e kritescht Thema fir meng Partei. A si hu gesot, ech war deemools e jonken Deputéierten: „Du gees eraus an du schwätz dozou!“

(Interruption)

An ech stoung hei an ech hu gesot: „Mat wat fir engem Recht verweieren ech engem aneren d'Recht, ee gär ze hunn, dat Recht, wat ech selwer fir mech an Usproch huelen?“ Dat ass och de Respekt vun deem aneren, e Respekt vu jidderengem, dass jiddwereen hei an dëser Gesellschaft ka liewen, wéi hien dat gutt fënn. Mee d'Famill als Notioun ass fest ageschriwwen an dëser Verfassung.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - An ech soen och ganz kloer: Wann een op enger öffentlecher Versammlung seet, doduerch géif duerch d'Hannerdier d'Polygamie ageféiert ginn, mee dat ass totale Quatsch! Een, deen esou eng Ausso mécht, deen huet e Rass an der Schossell!

(Hilarité)

D'Polygamie ass verbueden hei zu Lëtzebuerg! Mir hunn e Gesetz, wat d'Polygamie verbitt. Also, och wannegelift do bei de Fakten um Terrain bleiwen!

**Une voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - An och: Et ass keng Verfassung géint d'Kierch! Ech soen dat och ganz kloer. Et ass keng Verfassung géint d'Kierch! Mir als CSV haten deemools matgeschafft un dem Text fir d'Resolutioun. Awer bei de Gesetzter iwwert de Conventiounement ware mer dergéint, well déi iwwert de Knei gebrach gi sinn. Mee wat an der Verfassung steet, ass keng Verfassung géint de Culte a géint d'Kierch!



Den Här Léon Gloden (CSV)

vun de Valeuren vum engem liberale Staat vum 19. Joerhonnert. Dës sollt sech änneren mat der Verfassungsännerung vun 1948, wou eng Rei Rechter vun der sougenannter zweeter Generatioun an d'Verfassung agefloss sinn, haaptsächlech Sozialrechter wéi d'Recht op d'Sécurité sociale.

An der éischter Versioun vum 6030, deen 2009 hei deponéiert ginn ass, war net ganz vill ëmgeännert ginn um Kapitel iwwert d'Rechter an d'Fräiheeten. Et war d'ailleurs dës och eng Kritik vun der Commission de Venise a vum Staatsrot a sengen Avisen.

Ier ech elo op déi verschidde Grondrechter, Fräiheeten a Staatsziler aginn, erlaabt mer e puer Virbemerkungen. Eng Fro, déi sech stellt huet: Wéi wäit gi mer? Iwwerhuele mer all sozial a wirtschaftlech Rechter aus den europäeschen an internationalen Traitéen?

Mir waren hei der Meenung, dass et wichteg ass, en Equiliber zwëschen deene verschiddene Kategorië vu Rechter ze kréien. Duerfir hu mer zum Beispill net all sozial a wirtschaftlech Rechter, Fräiheeten aus der Eu-

ropa, ass eng Reegelung iwwert d'Nationalitéit an d'politesch Rechter.

Den Artikel 9, Här President, leet d'politesch Rechter vun eis fest. Den Artikel 9bis gëtt dobaussen, zu Onrecht, vun enger Partei mëssbraucht, fir Ligen ze verbieden an esou mat de Leit dobaussen unzestiwelen, fir Campagne géint de Verfassungstext ze maachen.

(Interruptions)

Den Artikel 9bis seet: « Les Luxembourgeois jouissent de la plénitude des droits politiques qu'ils exercent dans les conditions déterminées par la Constitution et les lois. Sans préjudice de l'article 52 » - dat ass en Artikel, op dee mer nach ze schwätze kommen, wann den Här Margue hei steet -, « la loi peut conférer l'exercice de droits politiques à des non-Luxembourgeois. » Et ass ganz kloer, dass mat deem Text net d'Ausländerwalrecht an d'Verfassung ageféiert gëtt - och net duerch d'Hannerdier!

**Une voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Point final!

Text steet, an et soll een dat och wannegelift dann no baussen esou de Leit matdeelen.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Dakomme mer zu der zweeter Kategorie, dass sinn d'Droits fondamentaux.

Do ass dat Éischt, wat mer ausschreiwen, d'Dignité humaine, dat heescht d'Mënschewürd. Déi steet bis haut net an eiser Verfassung. Elo ass et net esou, dass déi net respektéiert gëtt, mee et ass e wichteg Schrëtt, dass mer déi an d'Verfassung ausschreiwen. Dat war och en ausdréckleche Wunsch vun der Commission de Venise.

Et kann een am Fong soen, dass d'Mënschewürd dat héchste Recht ass. An aus deem Recht deklinéiere sech eng ganz Rei aner Rechter wéi zum Beispill d'Verbuet vun der Folter oder d'Verbuet vu Sklaverei. Dozou gehéiert och, wéi et am Text steet, d'kierperlech Onversehrtheet.

An och hei betounen ech eng Kéier: Duerch deem Artikel gëtt ganz kloer den Impfzwang verbueden, d'Impfflicht net! Dat



Dann, den nächste Punkt ass de Schutz vum Kand. Och doriw-  
wer hu mer laang diskutéiert an  
der Kommissioun. A mir hu bis  
zum Schluss un deenen Texter  
geschafft. Aleng dat weist, wéi  
wichtig de Schutz vum Kand  
haut an der Gesellschaft ass.  
A mir sinn eis alleguer och hei  
eens: D’Kand ass keen Objet, et  
ass keng Wuer! Et ass keen Objet  
de droit, et ass e Sujet de droit.

An do huet sech eeben d’Fro  
gestallt, ob mer géifen d’No-  
tioun vum „Intérêt supérieur“  
vum Kand aschreiwen oder just  
d’Notioun vum „Intérêt“ vum  
Kand. A mir sinn zur Konklusioun  
komm, datt et am Fong wichteg  
ass a besser ass, d’Notioun vum  
„Intérêt“ vum Kand anzeschrei-  
wen, well wa mer den „Intérêt  
supérieur“ ageschriwwen hät-  
ten, dann hätte mer jo ëmmer  
missen e Verglach maachen zu  
engem aneren Intérêt. Wann  
ech e „supérieur“, e Superlativ,  
e Komparativ an en Text afügen,  
da vergläichen ech et jo mat  
eppes anerem. Hei ass et all In-  
térêt, dee klengsten Intérêt vum  
Kand zielt!

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - An  
da soen ech och ganz kloer:  
Duerch déi doten Notiounen an  
duerch deen Artikel iwwert de  
Schutz vum Kand däerf de Staat  
net x-belibeg agräifen an d’Edu-  
cations vum Kand. Ech géif mer  
wënschen, datt mer all déi Mai-  
son-relaisen, all déi sozial Struk-  
turen net brächten, well da wier  
dës Gesellschaft eng perfekt  
Gesellschaft.

Mir wëssen awer alleguer, datt  
och an enger Famill net ëmmer  
alles Gold ass, wat glänzt. An do  
musse mir als Gesellschaft awer  
och Verantwortung iwwerhue-  
len, fir deene Kanner déi bescht-  
méiglech Chance ze ginn, datt  
se e Recht hunn. Well och déi  
hunn e Recht, hiert Liewen ze  
gestalten an hiert Liewen erfol-  
legräich kënne ze gestalten.

Dann ass et och wichteg, mee  
dat hu mer schonn e puermol  
hei undiskutéiert, datt d’On-  
schildsvermutung an eng Ver-  
fassung gehéiert. Jiddwereen  
ass innocent, bis e vun engem  
Gericht condemnéiert gëtt.

Dann, déi grouss Nouveauté  
vun dësem Text sinn d’Rech-  
ter vum 21. Joerhonnert, wéi  
zum Beispill ee Recht - an do  
en Appell un all d’Kolleginnen  
a Kollegen aus de Gemengen  
an och un d’Regierung an un  
d’Cheffen an de Servicer vun  
de Verwaltungen -: Mat dësem  
Artikel hunn d’Berger e Recht,  
an engem rasonablen Delai  
eng Äntwert ze kréien. Dat ass  
keen anondint Recht. Dat ass  
en Defi fir d’Verwaltungen hei  
an dësem Land. Dat ass e wee-  
sentleche Fortschritt mat dëser  
Verfassung!

An dann d’Recht op d’Autodé-  
termination informationnelle an  
d’Protektioun vun de perséin-  
lechen Daten. Mir wëssen alle-  
guer, datt d’perséinlech Daten  
haut d’Gold vum 21. Joerhon-  
nert maachen. Google a wéi se  
all heesche maachen domadder  
richteg Geld. An duerfir ass et  
wichtig, an enger Verfassung  
vum 21. Joerhonnert d’Recht  
vun eis alleguer anzeschreiwen,  
datt seng Donnéeë prote-  
géiert sinn an datt een eebe just  
a bestëmmte Fäll ka seng Don-  
néeën zum Beispill eng Ver-  
waltung musse matdeelen, fir  
datt se dorobber Zougrëff kann  
hunn.

An da fir d’CSV e ganz wichtige  
Punkt: d’Bekanntnis zur öffent-  
lecher Schoul. Mir si ganz kloer  
fir d’öffentlech Schoul. An  
d’öffentlech Schoul muss och  
gratis bleiwen! Dat ass fir eis als  
CSV e fundamentale Baustee  
vun eiser Gesellschaft. Dofir ass

et och wichteg, datt dat an der  
Verfassung steet.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Wéi  
1886 (veuillez lire: 1868) d’Ver-  
fassung ëmgeschriwwen ginn  
ass, ass et keng Uni ginn hei zu  
Lëtzebuerg. An déi meescht vun  
eis, déi heibanne sëtzen, sinn  
net op d’Uni Lëtzebuerg gaan-  
gen, well et zu deem Moment  
keng Uni ginn ass. Elo gëtt et se  
a mir sinn houfreg op d’Uni. Mee  
et ass awer net, well e Land eng  
Uni huet, datt déi Jonk musse  
forcéiert ginn, dann hei op der  
Uni hir Studien ze maachen.

Dorfir war et och wichteg, an  
dat war och e Konsens an der  
Kommissioun, datt eeben d’Fräi-  
heet besteet, e fräie Choix, fir op  
déi Uni ze goen, wou ee wëllt.  
An ech soen lech: Et ass och  
ëmmer wichteg, datt een iwwer  
d’Grenze geet, fir eng kéier  
den Tunnelbléck grouss opze-  
maachen.

**Une voix.** - Dat ass ganz richteg!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Dann  
de Punkt iwwert d’Eigentum,  
iwwert d’Propriétéit. Hei muss  
ech och liesen, datt mer mat  
dëser Verfassungsännerung  
géifen eng „Aushielegung vum  
Eigentumsrecht“ maache mat  
der Gefor - an ech zitieren  
d’ADR -: „Do ass d’Gefor, datt  
eigentlech mam Zil, de Loge-  
ment auszuhielegen“ - Dir wollt  
héchtwarscheinlech soen,  
„d’Logement ze schafen“ -, „mir  
a Richtung Expropriation ginn.  
An ech mengen, d’CSV wier hei  
naiv, an ech géif hinne recom-  
mandéieren, frëndschafleech, fir  
dat emol eng kéier ganz genau  
ze analyséieren.“

Här Kartheiser, mir hunn dat  
analyséiert. D’Expropriation  
ass de leschte Moyaen an enger  
Demokratie. Déi steet haut an  
der Verfassung. Déi steet haut  
an engem Gesetzestext mat  
ganz strikten - mat ganz strik-  
ten! - Konditiounen. An Dir als  
ADR hutt d’ailleurs am Kader  
vum Landesplanungsgesetz,  
wat d’Basis schafft fir déi véier  
sektoriell Pläng, ënner anerem  
de Logement ..., do steet nach  
eng kéier d’Expropriation dran.  
An ech hunn nogekuckt: Dir  
hutt dat Gesetz matgestëmmt  
als ADR!

*(Interruption)*

Also, gitt elo net no baussen de  
Leit soen, mir géifen hei d’Pro-  
priétéit aushielegen! Géife mer  
dat maachen, da wiert Dir par-  
ticipativ mat dru Schold!

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Da  
komme mer zu där berüümte  
Clause transversale. „Clause  
transversale“ klängt ganz tech-  
nesch. D’Madamm Beissel ass  
dorobber agaangen. Dat heescht,  
all déi individuell Fräiheeten, an  
ech hunn et am Ufank gesot,  
kënne ageschränkt ginn, nom  
Motto: „Meng Fräiheet hält do  
op, wou deem anere seng  
ufänkt.“

An ech wëll dat un engem ganz  
banale Beispill aus der Aktuali-  
téit festhalen. D’Demonstra-  
tionsrecht steet an der Ver-  
fassung, ass eng individuell Fräi-  
heet. Mee natierlech, wann ech  
demonstrieren ginn, dann däerf  
ech kee Schued engem Drëtten  
zoufügen.

Bis haut an der aktueller Ver-  
fassung gëtt et keng Clause  
transversale. Mir hunn a ver-  
schiddenen Artikele gesot,  
datt esou e Recht kann duerch  
d’Gesetz limitéiert ginn, mee fir  
dat och elo kloer ze schreiwen,  
datt et sech op déi Kategorië  
vu Rechter bezitt, hu mer zum  
Schluss esou eng soi-disant  
Clause transversale agefüügt.

Dat heescht, déi Limitatiounen,  
déi ageféiert ginn, musse pro-  
portionell sinn. Dat ass e grou-  
sen europäesche Prinzip. An  
zweetens däerf et de Kär vun der  
Fräiheet net aushielegen.

Ech kommen zrëck op mäi  
Beispill vum Manifestations-  
recht. Ech däerf soen: „Dir  
däerft tëschent A a B mani-  
festéieren.“ Ech däerf net ein-  
fach soen: „Dir däerft guer net  
manifestéieren.“ Mee ech däerf  
a verschiddene Circonstancen e  
Recht encadréieren.

Dann zur leschter Kategorie, zu  
de Staatsziler. Dat ass déi Kate-  
gorie, wou am Fong d’Ber-  
ger sech duerch Är Virschléi an  
duerch déi Workshoppen, déi  
zesumme gemaach gi si mat der  
Uni, am meeschten erabuecht  
hunn. An engem Land lie-  
wen, wou d’Klima an enger Ver-  
fassung steet, wou den Dialogue  
social an enger Verfassung  
steet, wou d’Recht op Aarbecht  
an enger Verfassung steet, wou  
den Accès zu Kultur an der Ver-  
fassung steet, an d’Protektioun  
vum Patrimoine, ech weess net,  
wéi et lech geet, mee ech sinn  
houfreg, an esou engem Land  
kënnen ze liewen.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - A fir eis  
als CSV ass et och wichteg, datt  
den Dialogue social, ee vun eise  
Kärelementer, an ech géif bal  
soen, eng vun eise Kärstrukture  
vun dëser Gesellschaft, ...

**Une voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - ... datt  
deen haut an der Verfassung  
steet. Et ass nämlech d’Kärstéck  
vum Erfolgsmodell Lëtzebuerg.

Ech wëll eng kleng Anekdote  
erzielen. An do kënnt erëm de  
Klein-Leo eraus.

**Plusieurs voix.** - O!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Ech  
war als Jonke Gemengecon-  
seiller 2002. Déizäit waren  
nach déi grouss gewerkschaft-  
lech Assemblée-généralen an  
de Bezirker. An do sinn ech  
op Gréiwemaacher op d’As-  
semblée générale gaange vum  
LCGB bei mäi Kolleg Mant-  
ze Jang. Dunn hunn ech mer  
d’Fro gestallt: „Wat sees de  
dann hei?“



De Schutz vu Mënsch an Ëmwelt, e Staatszil an der Verfassung

An do hunn ech am Fong gesot,  
ech wier erstaunt - et ass em  
d’Tripartite gaangen -, d’Tri-  
partite géif ëmmer Saachen  
decidéieren, dat géif jo dann  
zum Wuel vum Land stattfan-  
nen, mee wann ech an der  
Verfassung géif liesen, da géif  
ech ëmmer nëmmen „d’Parla-  
ment“ liesen an net „d’Tripar-  
tite“ oder „den Dialogue social“.  
Dunn huet jiddwereen eng kéier  
domm gekuckt an herno hu se  
gesot: „Du has am Fong Recht,  
Léon.“

*(Hilarité)*

Duerfir sinn ech houfreg, datt  
haut den Dialogue social kann an  
d’Verfassung ageschriwwen ginn.

An dann den Artikel iwwert de  
Klimaschutz an d’Biodiversitéit  
an d’Klimaneutralitéit. Ech wëll  
hei ënnersträichen: Dat ass qua-  
siment e Copy-paste vun enger  
CSV-Resolutioun vun 2019 vum  
Kongress zu Péiteng. Dat muss  
am Respekt vun de Besoine ge-  
schéie vun eiser Generatioun,  
mee och vun den zukünftege  
Generatiounen.

Ech hat am Ufank gesot: „D’Staats-  
ziler si contrairement zu de  
Grondrechter a Fräiheeten net  
akloer.“ Mee heescht dat, datt  
dat elo guer keen Effet huet,  
guer kee Wäert? D’Englän-  
ner, Här President, nennen dat  
d’„standstill“-Clause. Dat heescht,  
opgrond vun esou Staats-  
ziler däerf ech kee Schrëtt no  
hanne goen. Dat heescht, sou-  
wuel d’Verwaltungen, mir als  
Chamber oder d’Regierung, wa  
se an deenen Domänen agéiert,  
da muss se oppassen, datt et net  
zum Schrëtt no hanne geet.

A mir sinn eis eens heibannen.  
Mir sinn eis politesch net ëmmer  
eens iwwert de Wee, fir dohinne  
ze goen, mee ech hoffen, datt  
mer eis eens si mat deenen Ziler,  
well, wéi gesot, mir als CSV sinn  
houfreg, kënne ze probéieren,  
dës Ziler ze erreechen. A wann  
een da seet: „Et si politesch Zi-  
ler“, jo, et si politesch Ziler, mee  
wat ass an enger Verfassung net  
politesch?

Wann ech de Choix maachen  
tëschtent Monarchie a Republik,  
huelen ech eng politesch Deci-  
sion. Wann ech soen: „Ech si  
fir déi dote Fräiheet an déi dote  
Fräiheet“, dann huelen ech eng  
politesch Decisioun. Alles, wat  
an enger Verfassung steet, huet  
eng politesch Konnotatioun,  
well se gëtt vu Politiker geschriw-  
wen a gestëmmt.

A fir dann ze soen, et kéint ee  
Staatsbeamten net zwängen,  
op politesch Ziler, Staatszi-  
ler den Eed ofzeleeën ... Et gëtt  
och doudsicher Staatsbeamten,  
déi hätte léiwer eng Republik  
wéi eng Monarchie. Mee wann  
ech fir de Staat schaffe ginn,  
weess ech, datt ech den Eed op  
d’Verfassung ofleeën. Wann ech  
Bäcker ginn oder Metzler, weess  
ech, datt ech moies um 3.00  
Auer muss opstoen, fir ze schaf-  
fen. Et ass e Choix, deen ech  
huelen. A wann ech dee Choix  
bis getraff hunn, an dësem Fall,  
leeën ech den Eed op d’Ver-

ass? Bien au contraire! Do-  
duerch, datt mir hei den éischte  
Vott maachen, gi mer de Leit  
dobaussen iwwerhaapt d’Méig-  
lechkeet, deen dote Choix  
ze maachen. Dat heescht, mir  
fërderen d’Demokratie! Mir  
schränke se net an! Dofir, dee  
Räsonnement vun der ADR ass  
awer populistesch an dofir wollt  
ech dat hei nach eng kéier ën-  
nersträichen.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV).** - Dëst  
gesot, d’CSV steet ganz kloer  
hannert dësem Kapitel an ech  
ginn den Accord vu menger  
Fraktioun zu dësem Kapitel.

Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

*(Interruption par M. Fernand  
Kartheiser)*

**M. Fernand Etgen, Président.** -  
Merci villmools, Här Gloden. Den  
nächsten ageschriwwene Ried-  
ner ass déi honorabel Madamm  
Simone Beissel. Madamm Beis-  
sel, Dir hutt d’Wuert.

*(Interruptions)*

**Mme Simone Beissel (DP).** -  
Här President, Kolleginnen  
a Kollegen, mir wëllen alle-  
guerten eng performant parla-  
mentaresch Demokratie an en  
zolitte Rechtsstaat. Dofir ass  
et extrem wichteg, dass mer  
e staarken Equilibre hierstel-  
len zwëschtent de Kompeten-  
zen vun de Pouvoiren oder den  
Autoritéiten engersäits an dem  
staarken, andauernde Schutz  
vun onse Bierger anersäits,  
wuelverstane fir all déi Leit, déi  
hei zu Lëtzebuerg wunnen.

D’Kapitel II, dat sinn d’Artikele  
vun 9 bis 31, am Stil vun der Ver-  
fassung vun 1868, an mir hunn  
et elo gesinn, dräi Kategorien:  
d’Grondrechter, öffentlech Fräi-  
heeten, Objectifs à valeur con-  
stitutionnelle. Dat hat u sech  
als But, an ech mengen, dat hu  
mer faerdegbruecht, dass mer  
dräi Saache gemaach hunn:  
Mir hu restrukturéiert, eebe  
just an deene Kategorien, mir  
hunn deelweis reformuléiert  
oder adaptéiert, fir et méi klo-  
er ze maachen, a mir hu kom-  
plettéiert. Ech hu se geschéier  
Owend nach eng kéier geziel-  
t: Mir hunn eleng zwielef nei  
Rechter a Fräiheeten an dëst Ka-  
pitel ageflecht.

Elo nach dräi Remarken, déi  
mer wichteg schéngen: Mir  
fonctionéieren zu Lëtzebuerg  
säit laangen Zäiten, notam-  
ment säit 1964 - do koun  
den Arrêt Costa op dem Eu-  
ropäesche Geriichtshaff -, ën-  
nert dem Système moniste. Dat  
heescht, eist Land an all suc-  
cessiv Regierungen erkennen  
d’Supérioritéit, d’Primautéit  
vun den internationalen an du-  
erno och europäeschen Texter  
vis-à-vis vun der nationaler  
Gesetzgebung voll un, dat  
heescht och d’Verfassungs-  
recht.

Alleguerten déi Texter sinn  
d’application directe hei an  
eistem Land an et sinn der eng  
riseg Abberzuel. Dir erënnert  
lech: d’Déclaration universelle  
des droits de l’homme vun  
1948; da kënnt d’Europäesch  
Mënscherechtskonventioun  
vun 1950; dann hu mer och  
dee grouse Pakt vun 1966 vun  
der UNO iwwert d’Droits civils  
et politiques; mir hunn d’Eu-  
ropäesch Charta vun de Grund-  
rechter vun 2000; mir hunn  
d’Recommandatione vun  
enger Organisation inter-  
nationale du travail, déi  
mer och sou gutt wéi méig-  
lech versichen ze sui-  
véieren. Dat ass also eng riseg  
Abberzuel vun Texter.

*(Interruptions)*



Dofir, an dat ass meng zweet Remark, ass säit Joren, an och meng Virgänger an der Verfassungskommissioun ..., a mir hunn dat elo iwwerholl, ass decidéiert ginn, dass mer net alleguerten déi Artikelen, déi Rechter an déi Fräiheeten, déi an den internationalen, europäeschen Texter sinn, eriwuerhuelen. Firwat? Mir hu momentan eng schlank Verfassung. Dat heescht, si huet 121 Artikelen, an et sinn der schonn e puer aboli, mee si stinn nach an der Nomenclature.

Ech hu mer de Spaass gemaach de leschte Weekend, fir mol ze rechnen: Da géife mer ouni Problem op 300 oder 400 Artikelen kommen an Honnerten an Honnerte vu Säiten. Da géife mer esou en décke Schmöker als Verfassung kréien an dat wollte mer net.

Drëtt Remark: Wat mer awer wollten, well mer jo awer wëlle modern sinn a Jalone setzen, ech hunn lech dat virduen erkläert: Mir hu verschidde Grondrechter, déi eis ganz wichteg schéngen, eriwuergeholl, fir se einfach nach eng Kéier extra ze markéieren. An dat sinn, wéi ech gesot hunn, d'Dignité humaine, dat sinn alleguerten déi Rechter ..., och de Principe de présomption d'innocence, d'Non-rétroactivité. Mee mir hunn awer anerer net eriwuergeholl, well - nach eng Kéier a wannechgelift, ech ginn es net midd an ech hoffen, dass wierklech all Mënsch dat elo versteet - mir hei zu Lëtzebuerg ënnert engem risege Schuttschirm vun den internationalen Texter fueren an dat, wat do drasteet, zu Lëtzebuerg direkt applikabel ass.

Et mécht mech wierklech midd, fir da vu verschidde Säiten erëm ze héieren, den Droit à la vie géif net drastoen. Den Droit à la vie ass de Grondbasistartikel vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun an natierlech couvriert en alleguerten déi aner Rechter! Natierlech sti mer zum Droit à la vie!

Aner Geschichten, déi mer net an den Text geholl hunn: d'Protektioun vun den Droits de la défense. Mir hunn den Délai raisonnable. Dat hu mer alles vir, ech hunn dat am Rapport an d'Considérations générales gesat. Mir hunn et hannen och an de Commentaires des articles, fir drop hinzeweisen, dass d'Leit einfach de Reflex hunn ... Wa se eppes sichen, brauchen se just d'offiziell Texter ze hunn. Déi sinn iwwerall zu Lëtzebuerg verëffentlecht a si fannen alleguerten déi Rechter, déi hinne Soucise maachen. Ech wëll dat ee fir allemol soen!

Och ass ee Moment ugeprangert ginn, d'Lutte contre la pauvreté wär verschwonnen. Dat ass schonn ënnert menge Virgänger geschitt, beim 6030. Mee mir hunn den Text an Dir musst kucken, wéi Der dee liest: Beim Logement, an dat muss een trennen, steet am Artikel en Deel hannendrun, wou steet, dass een den Droit de vivre dignement - ënnert gudde Konditiounen - huet. A mir hunn - ech hunn dat nämlech nogekuckt - den Droit de vivre dignement. Dat beinhalt d'Lutte contre la pauvreté oder d'Privation matérielle. Dat ass scho laang hei an der Kommissioun decidéiert ginn. Dofir si mer net méi dorop zréckkomm.

Här President, et ass an der leschter Zäit vill vun der Verfassung, mee och vill iwwert d'Verfassung geschwat ginn. Leider sinn d'Diskussiounen ëfters net iwwert déi reell Texter geféiert ginn, mee zu Deelinformatiounen a Meinungsmache, déi op eemol d'Verfassung an e schlecht Licht geréckelt hunn. An ech kann lech nëmme soen,

dat ass extreem schued, well et wierklech net flott ass, wann dese wichtigen Text duerch Fakenews dobausse verrappt gëtt, well d'Leit net genuch Basiswëssen hunn.

Ee Punkt, dee ganz an déi Kategorie erakënnt - well eng Partei heibanne sech de Spaass gemaach huet, fir wierklech falsch Informatiounen erauszeginn -, ass d'Ausländerwalrecht. Ech soen dem Kolleg Léon Gloden en härezeleche Merci. En huet dat scho gutt explizéiert. Mee ech wëll et nach eng Kéier soen, well nach ëmmer dobausse gesot gëtt, mir wëilten, opgrond vun der ADR, déi dat nach geschier Owend an enger Pressekonferenz gesot huet, wat dann haut an enger grousser Dageszeitung steet, mir géifen awer drun denken, fir d'Ausländerwalrecht an de Parlamentswalen duerch d'Hannerdier eranzeloossen. Neen, neen, neen!

**Une voix.** - Très bien!

Mme Simone Beissel (DP).- Eis Texter sinn extreem kloer. Am Artikel 9 steet - an ech liesen en elo net méi oder just a Kuerzform, well de Léon Gloden e schonn zitëiert huet -: « sans préjudice de l'article 52 ». Här Kartheiser, mir hu wierklech mat aller Gedold lech versicht ze explizéieren, wat dat heescht, „sans préjudice“, mee iergendwéi wëllt Der et net verstoen ...

*(Interruption)*

... oder Dir maacht et express, mee Dir fuert riicht virun, fir ze soen, wéi wann dat esou wär. Do steet dran, dass politesch Rechter kënne gi ginn. Dat hu mer jo och! Kuckt dee ganzen ..., d'europäesch ..., kuckt Gemengen! Do hu jo eis net Lëtzebuerg Matbirger extreem vill Rechter kritt. An dat ass ganz normal! Den Artikel 52 muss een obligatoresch beim Artikel 11 matliesen. Do steet ganz kloer dran: « Pour être électeur, il faut être Luxembourgeois » - Punkt!

An de Commentaires des articles hu mer et dann nach eng Kéier ganz ferm ënnerstrach: « [...] le principe selon lequel le droit de vote peut être étendu par la loi au non-Luxembourgeois ne s'applique pas aux élections législatives » - fin de citation.

Also: Netlëtzebuerg kënne zwar Rechter kréien, mee net bei de Chamberwalen. Ech hoffen, dass dat elo definitiv kloer ass, an ech hoffen, dass den ADR net virufiert mat Fakenews an eis och nach virzegeheien - ech zitëieren aus hirer gefierter Broschür -, mir géifen hei e „Multikulturalitéitsmodell“ applizéieren a mat deem System géife mer d'Souveränitéit vun Lëtzebuerg Land ënnergruewen.

*(Hilarité)*

Ech konnt nëmme staunen. Soit.

*(Interruption)*

Nächste Punkt.

*(Interruption)*

Nächste Punkt.

**Une voix.** - Très bien!

Mme Simone Beissel (DP).- An hei, muss ech soen, sinn ech e bëssen enttäuscht, well ech hu grouse Respekt virun der Mëscherechtskommissioun, mee, ech hunn lech gesot, de Problem ass, dass se fënnf Wochen no eisem Schlussrapport den Avis eraginn huet. Si ass awer anscheinend am Juni schonn domat befaasst ginn, wa meng Informatiounen stëmmen, mee soit. An da muss ech an enger Wochenzeitung liesen, an esou engem klengen Filet - an

dat huet mech natierlech immens beréiert -, et misst ee sech schummen, dass hei an der Verfassung géif festgehalen ginn, dass nëmme d'Lëtzebuerg virum Gesetz gläich sinn. Ech si bal - erlaabt mer et - vum Stull gefall!

*(Interruption)*

Här President, dat ass absolut net korrekt! Ech hunn lech gesot, den Artikel 11 muss zesumme gelies gi mat deem Artikel, deen am 11bis steet. Et sinn also siwen Zeilen hannendrun. An do steet jo ganz kloer dran, dass eeben d'Netlëtzebuerg - an all Mënsch, net nëmme d'Netlëtzebuerg, mee all Mënsch, dee sech hei op dem Lëtzebuerg Territoire beweegt - genau dee selwechte Schutz vun hirer Persoun a vun hire Gidder hu wéi d'Lëtzebuerg. Dat schéngt mir jo awer extreem kloer. An ech hu wierklech d'Gefill ... Bon, heiansdo kann et jo och schnell goen an ech hunn den Effort intellectuel vun der Mëscherechtskommissioun natierlech appreciéiert, mee iergendwéi hu se hei déi zwou Saachen net beieneebrecht. An dofir kënnt déi Missinterpretatioun. An ech hoffen, dass mat deem, wat mir hei alleguerten haut soen, dat definitiv aus der Welt ass!

Ech muss lech awer och soen, dass ech e bëssen erstaunt war. Ech hunn akribesch an de

vun der Famill géif opgeweecht ginn, de Schutz vun der Famill géif verwässert ginn, d'Konzept vun der Famill géif kapott gemaach ginn an, da kënnt et, de Fraen- a Mënschenhandel géif duerch d'Aféierung vun enger GPA gefërdert ginn!

**Une voix.** - Falsch.

Mme Simone Beissel (DP).- Bon, ech hunn Är Broschür zitëiert.

Bei der Informatiounsversammlung - de Léon Gloden huet et scho gesot, mee fir mäin intellektuelle Pleséier soen ech et dann nach eng Kéier - ...

*(Hilarité)*

... am Tramsschapp hate se jo net déi gutt Iddi, fir dann ze soen, elo géife mer d'Polygamie aféieren!

*(Hilarité)*

Ech hu mol eng Kéier gelauschert. De Verrieder vun der ADR, dee jo awer e gudde Kapp huet, misst jo awer wëssen, dass hei zu Lëtzebuerg Polygamie e Crime ass a mat extreem staarke Strofe beluecht gëtt. Ech hunn nëmme gestaunt! Mee deen Owend si souwisou nach aner Saache geschitt. Mir hunn iwwerhaupt all zesummen, mengen ech, gestaunt. Et war Märchenstunde héich zéng!

An ech muss awer eppes soen: Et stellt keen déi Definitioun a Fro, just d'ADR, wou ee sech dann och nëmme ka wonneren. Single parents, homosexuell Koppelen, sinn dat keng Famillen? Oder vläicht nëmme fir d'ADR net?

**Une voix.** - Très bien!

Mme Simone Beissel (DP).- Ech regrettéieren, dass eis Kollege vun der ADR e verstëbtest Bild hu vun der Notioun vun der Famill an net kënne domat liewen. Ech géif se gär gesinn, wase de Leit dobausse soen: „Dir sidd keng fir eis an Dir bleift elo dobaussen!“, jee nodeem, ëm wat et mat de Famillje geet. Dat steet awer och enger ADR wierklech net gutt zu Gesiicht!

Här President, trotz dëser Polemik, déi eis déi lescht Woche mat Momenter en décken Hals an eng déck Liewer gezwaft huet, eeben duerch eis ...

*(Interruption)*

... gutt Kollegen, hunn ech mech awer immens gefreut, dass mer d'Rechter an de Schutz vun Kand wierklech esou extreem gestärkt hunn. De Schutz vun Kand huet elo absolut Prioritéit. Mir hunn den „Interêt“ drageschriwwen, net den „Interêt supérieur“, well mer do no Diskussiounen gesot hunn: „Dat Wuert, dat passt net



Den Déiereschutz als eent vun de Staatsziler an der Verfassung

leschten Deeg déi Rapporte gelies, déi se déi Jore virduen der Verfassung eraginn hunn, an do steet, an engem ganze Koup Punkten, radikal de Contraire vun deem, wat se elo geschriwwen hunn. Ech misst vläicht eng Kéier, mir missten eng Kéier mat hinne schwätzen, well ech net genau weess, wéi sech hiren intellektuelle Werdegang zu deem Text mécht. Mee soit. Also, dann ass dat emol kloer.

Da kënnt den nächste Punkt - eppes, wat jo och schonn hei uegklongen ass -, dat ass d'Recht, dat de Léon Gloden och schonn ugedeit huet, mee ech wëll et nach eng Kéier soen, well et eppes ass, wat ee wierklech nervös mécht a wat een dobaussen net dierf esou stoe loossen, fir all Mënsch, eng Famill ze grënnen. An och hei muss ee festhalen: Et sinn déi léif Kollege vun der ADR, déi den Discours zu dëser Famill dës le départ esou verseucht hunn - erlaabt mer dat staarkt Wuert! -, dass ech dobaussen ugesprach ginn a mech muss verteidigen, wat mir dann amgaange wären, mat de Familljen ze maachen.

*(Interruptions)*

Si behaapte jo net, an hirer gefierfter Broschür, de Schutz

*(Interruptions et hilarité)*

Mir wëssen alleguerten, dass d'Bild vun der klassischer Famill an de leschte Joren duerch eeben dat, wat an eiser Gesellschaft geschitt, extreem evoluéiert huet. Mir hunn einfach versicht, eis der Zäit unzupassen. Mir hunn eis wierklech gesot, de Conseil de l'Europe, dee jo ëmmer extreem progressiv ass an evolutiv a sengen Definitiounen, an deem, wat e seet, huet u sech elo eng ganz large Definitioun vun der Famill ginn, wat net nëmme Mann a Fra ass. De Charel Margue huet et schonn x-mol gesot. Dat sinn u sech all déi Leit, déi zu enger Famill gehéieren am ale Sënn (veuillez lire: déi zu enger Famill gehéieren), a mir hunn eigentlech näischt anescht gemaach wéi eis do drunzehänken, eng Definitioun, déi och, ech hunn et schonn, mengen ech, virdu gesot ...

Den Europäesche Geriichtshaff vun de Mëscherechter vu Stroosbuerg an och, wéi gesot, de Conseil de l'Europe hunn eng large an evolutiv Notioun vun der Famill. An elo kënnt et: Si sinn zu all Forme vu Famill favorabel. Si maachen néierens eng Dier zou fir ze soen: „Et ass op déi al Dëngen nëmme e Mann an eng Fra!“

esou gutt, well mer hei näischt vergläichen.“ Et ass den Interêt général. D'Kand soll all Zort vu Schutz hunn. Et mussen all d'Moyene geholl ginn an eise Familljen a mat der Hëllef vun Staat, dass d'Kand sech glécklech, positiv a gesond kann entwéckelen. Dat ass absolut Prioritéit an ech sinn immens frou mat deem System, dass elo de Schutz vun Kand dese Stellwäert kritt, dass mer der UNO-Kannerrechtskonventioun elo och zu Lëtzebuerg Verfassungsrang ginn.

Ech komme ganz kuerz nëmme nach op d'Justiz, well de Léon Gloden et schonn in extenso gesot huet. Wéi gesot, alleguerten déi Rechter ... Mir haten Diskussiounen mam Staatsrot. Jo, en huet gesot: „Firwat hutt Der dat net an d'Justizkapitel gemaach?“ Zum Schluss huet en dann awer eng fein Tournure geholl a gesot: „Jo, en fin de compte sinn et Mëscherechter a Grondfräiheeten, allez hopp domat an d'Grondrechter, mir hunn domat kee Problem!“

Eppes, wat och nach wichteg war, dat ass, dass Privatbesëtzer ... - ech kommen nach eng Kéier drop zréck, well mech dat natierlech och terribel interpelléiert huet, wou op eemol gesot gouf,



an der Verfassungskommissionoungéife mir de Privatbesëtzt praktesch kapott maachen. Et gouf ee Moment esouguer esou eng Iddi, wéi wann d'Proprietäre Fräiwëld géife ginn. Ech hunn dee Moment eis Regierung scho mat der Bazooka op d'Proprietäre lassgoe gesinn. Glécklecherweis hu mer dat awer direkt vum Dësch kënne wëschen, well déi Iddi, déi se elo hunn, dass do eppes géif geännert ginn, mécht jo wierklech kee Sënn. Deen Artikel, dee steet scho säit anno Tubak an eiser Verfassung. Et huet ni e Mënsch sech dru gestéiert, just erëm eng Kéier d'ADR. Si stellen alles a Fro. Et wär heiansdo gutt, si géife sech selwer a Fro stellen.

(Hilarité)

Da géife mer vläicht, ...

(Interruptions)

... a si géifen an d'Realitéit vum 21. Joerhonnert kommen. Dann hätte mer vläicht manner steril Diskussiounen!

**Une voix.**- Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP).**- Sou, ech wollt elo och nach e puer Saachen ...

(Interruptions)

... iwwert d'Behauptungen zu der aktueller Verfassung soen. Eppes, wat mech och terribel gestéiert huet, muss ech soen: Ech liesen dann zu mengem Erstaunen, wéi déi ganz Aarbechte gefuer sinn - haalt lech un! Et steet do, gentiment geet de Saz un, d'Aarbechte vun der Kommission wären net illegal, mee awer illegitim, well dat alles wär nëmme vu véier Leit en catimini op d'Bee gestallt ginn an an de Kommissionen hätten nëmmen déi véier geschwat an déi aner, kann ee bal interpretéieren, hätte sech bal misse roueg halen. An da gëtt gesot: „Jo, nëmmen déi véier.“ Et gouf ee Moment souguer gesot, mir hätten e Parteiputsch gemaach. Et deet mer leed, léif Kollege vun der ADR, dat, wat an Ärer Broschür steet, ass eng onerhéiert Provokatioun! Mir hu kee Parteiputsch gemaach an Dir sidd ëmmer derbäi!

An dann erënneren ech lech un eppes: Liest, wannechgelift, d'Reglement vun der Chamber. Do steet ganz genau, wat d'Aarbechte vun enger Kommission sinn. Do steet ganz genau dran, dass all Member vun der Kommission d'Recht huet, zu all Projet de loi, all Proposition de loi schrëftlech Propositionen ze maachen an natierlech Amendementer.

Här Kartheiser, Dir hutt vläicht - bon, loosse mer dat emol gentiment dréien - d'Circonstance atténuate, dass Der net laang an der Verfassungskommission sidd an, nodeem Der lech ëmmer entschëllegt hutt, Dir géift do näischt dervu kennen, op eemol e grouss Spezialist gi sidd.

(Hilarité)

An Dir hutt d'Circonstance atténuate, mee - ausser ech iere mech elo, mee ech mengen, d'ganz Kollege vun der Verfassungskommission sinn awer hei Zeien - vun lech koun ni eng schrëftlech Proposition oder en Amendement. Näischt koun vun lech!

**M. Charles Margue (déi gréng).**- Näischt!

**Mme Simone Beissel (DP).**- Elo kommt Der awer, dobaussen hutt Der eis fir déi ganz Verfassung kunterbunt a lustig duerch de Kakao gezunn. Et geet net ëm eis, et geet ëm d'Zukunft vum Land! Et geet ëm d'Rechter

an d'Fräiheete vun eis Bierger an Dir sollt lech - entschëllegt - schummen, wann Dir esou Saache maacht ...

(Interruption)

... an eis och nach zu engem Parteiputsch degradéiert! Also, wannechgelift, dat war wierklech net flott, wat mer déi lescht Méint do alles hu misse matmaachen. Wann ech un Äre konstruktive Virgänger Gast Gibéryen denken, da soen ech mer: „O mei, o mei, o mei, et ass schued, dass en der 70 ginn ass, well d'Saache wäre bestëmmt méi einfach ginn!“

**M. Fernand Etgen, Président.**- Madamm Beissel, den Här Kartheiser freet d'Wuert ...

**Mme Simone Beissel (DP).**- Wannechgelift zum Schluss!

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen, Président.**- ... fir Fait personnel.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Zum Schluss, geet dat? Bon. Also, ...

(Interruptions et hilarité)

... dann ass och nach gesot ginn, d'ganz Verfassung géif mat den Objectifs à valeur constitutionnelle politiséiert ginn. Do gesäit een, Här Kartheiser - an ech entschëllege mech och erëm eng Kéier fir deen Term -: Dir hutt eng flagrant Immatunitéit constitutionnelle!

(Hilarité)

Dir wësst net, dass, wann e Land, e Staat e System opbaut, do vum éischte Moment un alles Politik ass. Dir musst decidéieren: Maache mer eng Republik? Maache mer eng Monarchie? Wéi ass d'Staatsform? Si mer eng parlamentaresch Staatsform? Si mer e Régime présidentiel? Iergendwéi schéngt Der dat net ze wëssen an da sot Der, et wär politiséiert ginn. Mee et ass alles vun enger héijer politescher Brisanz! All Wuert, dat an enger Verfassung steet, ass politesch! An dat hei si jo nëmme Staatsziler, Iddien, wou mer dem Staat hëllefen, dass en an déi Richtung ka goen.

Ech mengen, et wär gutt, wann Der och déi viregt Verfassung an och déi vun 1868 eng Kéier akribesch géift kucken. Ech mengen, da wier et méi einfach fir lech, fir mat Momenter d'Liisounen ze maachen an dann net esou komesch Geschichten ze erzielen, wou mir dann eis Zäit verléieren, fir dann ze versichen - leider ouni Resultat -, fir dass Dir dat da verstitt oder, wannechgelift, wëllt verstoen.

Ech kommen elo zum Schluss. Elo hunn ech mech dann awer erëm opgereeget an ech wollt et net. Mee heiansdo muss een awer eeben d'Wourecht soen!

(Interruptions)

Ech kann lech just soen, dass ech frou an houfreg sinn, dass ech konnt mathëllefen, desen Text hei mat alleguerten de Kollegen - deenen, déi all konstruktiv matgeschafft hunn - op d'Been ze bréngen. Mir hu versicht, eist Land ze moderniséieren, eise Fräiheeten a Rechter e ganz staarke Statut ze ginn. An dofir sinn ech ganz frou, dass dat esou gaangen ass.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren an ech ginn natierlech mat Freed den Accord vun der DP. An elo ass et um Här Kartheiser.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Beis-

sel. Den Här Kartheiser kritt elo d'Wuert pour fait personnel.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat mer eigentlech virgeholl, well mer dat an der leschter Zäit hei e puermol haten, wierklech ganz, ganz roueg ze bleiwen, mee ech mengen, viles vun deem, wat d'Madamm Beissel hei elo gesot huet, war wierklech éischer am Beräich vun direkte perséinlechen Ugrëff, virun der Beledigung. An dofir wëllt ech awer hei kuerz fir Fait personnel d'Wuert huelen.

Dat Éischt, wat ech wëll soen, ass - an dat wëll ech och deene Leit dobausse kloer soen -: D'Präsidentekonferenz huet der ADR ganzer zéng Minutte ginn, fir haut hei herno iwwert de Fong vun der Saach ze schwätzen - zéng Minutten! An ech mengen, jiddereen heibanne ka verfollegen, wat eis hei alles virgeworf gëtt. Et ass einfach temporal onméiglech, eng Diskussioun ze féieren, déi op all Aspekt géif agoen. Mir bedauern dat. Mir wärend ganz gär op déi verschidde Saachen agaangen.

D'Madamm Beissel huet schonn e puermol an den Interventionen - an haut schonn nees - gesot, datt ech effektiv am Ufank, wou ech an déi Kommission komm sinn, gesot hunn: „Ech sinn nei hei, ech kennen dat nach net.“ Jo, dat mécht een esou! Dat ass Héiflechkeet géint-iwwer deene Kollegen, déi scho laang dobanne sinn.

Ech kann der Madamm Beissel versécheren, datt ech mech extreem intensiv op déi Diskussiounen virbereet hat an awer aus Respekt virun de Kollegen eeben déi Modestie temoignéiert hunn, fir hir Anciennetéit unzekerennen. Dat mécht een esou an der Diplomatie, ze soen: „Dir sidd méi ancien, Dir kennt dat. Ech lauschteren elo mol no.“ Dat ass Héiflechkeet, Madamm Beissel! Dat ass net en Ageständnis vun Onwëssen. Dir kënnt mer gleewen, datt ech a keng Reunion komm sinn, ouni d'Quellen a Vergläicher am Virus genau gelies ze hunn. Ech maachen dat esou. Et deet mer leed, datt ech lech muss enttäuschen!

An Ären Interventionen war esou vill. Dir hutt gesot, mir hätte keng Propositionen gemaach - d'ADR huet eng Proposition de révision de la Constitution iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch gemaach, si huet eng Proposition de révision de la Constitution iwwert de Statut vun den Déiere gemaach, si huet eng Proposition de révision de la Constitution iwwert den État de crise, wéi ee verschidde Saachen do kontrolléiere kann, gemaach.

Mir hunn an de Kommissionsaarbechte matgeschafft an och den Här Mars Di Bartolomeo huet a sengen Interventionen ëmmer erëm betount, datt mer alleguer matgeschafft hätten. Allerdéngs muss ech lech soen, an dat ass ganz evident an ech mengen, jidderee versteet dat, ob en elo an där Kommission war oder net, datt de Gros vun deenen Decisiounen, déi hei geholl gi sinn, ugefaang mat der Affär Referendum, wou d'CSV hiren Accord een Abléck zréckgezunn hat, u sech en Accord tëschent deene véier Parteien war, déi hei d'Majoritéit constitutionnelle musse kënne bilden, ...

**M. Guy Arendt (DP).**- Dat do ass en Discours!

(Interruption par Mme Simone Beissel)

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... soss géif déi Verfassung hei net duerchgoen.

**M. Guy Arendt (DP).**- Dat do ass jo awer kee Fait personnel!

(Interruptions)

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Et ass evident, datt déi meescht Decisiounen hei vun deene véier Parteien geholl gi sinn. Meng Zäit ass, gesinn ech, fir de Fait personnel ofgelaf. Herno komme mer op déi Diskussiounen zréck, déi sech op de Fong vun der Saach beruffen. Wéi gesot, ech wëll virun allem de Leit dobaussen nach eng Kéier soen, datt bei all deenen Accusatiounen d'ADR genau zéng Minutte krut!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Här Kartheiser, Dir sidd amgaangen, Är Zäit ...

**M. Jeff Engelen (ADR).**- Sot hinnen dobaussen d'Wourecht!

**M. Fernand Etgen, Président.**- ... ze abuséieren.

(Interruption)

Da kéime mer elo zum nächsten ageschriwwene Riedner an dat ass den honorablen Här Charles Margue. Pardon, et ass fir d'éischt um Här Mars Di Bartolomeo.

(Hilarité)

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Ech hunn eng Mask un, Dir erkennt mech net esou.

(Interruptions et hilarité)

Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, et géif mech bal reizen, direkt unzefänke mat engem Fait personnel.

(Hilarité)

Well wann ech eenzel Publikatiounen gelies hunn - an ech wollt eigentlech net dorop agoen -, da kéint ech mengen, dass ech selwer a meng Kollegen, déi intensiv un dësem Kapitel wéi un anere Kapitele geschafft hunn, eng Association de malfaiteurs wärend. Dat si mer definitiv net! Déi Saachen, déi ginn eis ënnerstallt, wat ech bedauern, wider bessert Wëssen, well ech net un der Intelligenz vun deenen zweifelen, déi eis se ënnerstellen, mee an der Zwëschenzäit u Schlechtegkeet gleewen!

**Une voix.**- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Ech wollt eigentlech net dorop agoen. Ech wollt - den Här Kartheiser huet dat jo och gesot - ganz, ganz fein bleiwen an ech wäert dat dann och elo ginn, well ech jo kee Fait personnel ugefrot hunn. Dat kéint awer nach kommen!

Här President, dat drëtt Kapitel vun der Verfassungsrevisioun, déi mer amgang sinn, zu engem gudden Enn ze bréngen, ass net dat voluminéisten, mee awer en extreem wichtigen Deel vun der iwwerschaffter Verfassung.

Wa mer dat Kapitel iwwer eis Staatsform an eis Institutionen, dat mer virun annerhallwem Mount eng éischte Kéier verabschit hunn, als Visittekart vun eise Land bezeechent hunn - dat Kapitel seet, wat mer sinn -, dann ass deen Deel, iwwert dee mer haut schwätzen, eis Identitéitskaart, déi ausdréckt, woufir mer stinn, woufir eis Gemeinschaft steet: fundamental Rechter, déi a Lëtzebuerger an an internationale Bëton gegoss sinn, Biergerfräiheeten, déi mer besonnesch an deene successive Krisen erëm richtig schätze geléiert hunn - a meng Gedanke sinn am Moment bei deene Leit, déi hir Rechter geklaut kréien an déi aus hirem Land verdréiwte ginn.

Daterënnert mech - ech hunn dat matkritt iwwer meng Grousselteren a meng Elteren - un déi Lëtzebuerger, déi virun 80 Joer och vun engem Aggresseur aus hirem eegene Land verdréiwte gi sinn. Ech vergläichen déi zwou Saache mateneen an ech huelen do kee Blat virun de Mond!

An déi nei Staatsziler mat deem, wat fir eise Staat absolutt prioritär soll sinn, enthalte weesentlech Neierungen, déi an eng Verfassung vun haut gehéieren. Ier ech op déi wichtegst Neierungen aginn, déi eis Rapportrice Simone Beissel op eng exzellent Aart a Weis presentéiert huet an un deene mer ganz konstruktiv an der Institutionskommission geschafft hunn, wollt ech soen - de Léon Gloden huet et ënnerstrach -, dass d'Simone Beissel sech duerch eng ganz grouss Sachkenntnis a Verfassungsfroen auszecheent. Grousse Coup de chapeau, Simone! Mir sinn ëmmer ganz frou gewiescht, wa mer op deng Kompetenz konnten zréckgräifen.

Dat selwecht hunn ech iwwerengens virun e puer Méint deem anere Rapporteur gesot, déi mer erlaabt hunn, am Eltempo ganz vill ze léieren. An ech si ganz frou doriwwer, well déi Verfassungstexte eppes ganz Spannendes, Motivéierendes an extreem Wichtiges sinn. Wann also déi Verfassung dat wichtegst Gesetz ass, dann ass definitiv och d'Institutionskommission net déi Kommission, déi am manns-te wichteg ass an dësem Haus.

Ech wëll ënnersträichen, trotz alle Meenungsverchiedenheiten, déi optauchen, dass mer an där Kommission ganz konstruktiv zesummegeschafft hunn, emol méi, emol manner, an dat „manner“, dat géllt net fir déi grouss Majoritéit, mee dat géllt fir deen, dee sech dat wëllt erofschneiden.

D'Zil vun eisen Aarbechten och zu dësem Kapitel ass et, eis Leit hanner gemeinsame Wäerter mat der Verfassung, dem Fundament vun eise Gesellschaften, zesammenzebréngen an net ausenanerzedividéieren. Eis Verfassung eegent sech net zu parteipoliteschen Zwecker, zu Polemik a virun allem net zu ierféierenden a souguer falschen Duerstellungen. Eis Aarbechte sinn net am stillen Kämmerlein ënner Ausschluss vun der Effentlechkeet oder an enger Hexekiche gemaach ginn, mee goufe vum Referendum vun 2015 un ..., wou eng kloer Decisioun iwwert d'Walrecht vun Netlëtzebuerger geholl ginn ass mat enger ganz grousser Majoritéit, déi fir dat ganz Haus hei bindend ass, méi bindend kann et net sinn, an och absolutt respektéiert gëtt.

Duerch Biergerforen, Biergerbedeelegung iwwert deen Opruff „Är Virschléi“, Hearingen, Avisen, déi en masse komm sinn - d'Simone Beissel huet drop higewisen -, sinn déi Aarbechte beaflosst ginn. Mir hunn dat Bewäertend, bestoend Rechter aus eiser jëtzege Verfassung, gehalten an do Neies erabruecht, dat eng 150 Joer al Verfassung net esou konnt virausgesinn.

Dat drëtt Kapitel, dat haut un der Dagesuerdnung ass, ass ganz staark, vun alle Kapitele warscheinlech am meeschten, vun deem Dialog mam Bierger, mat der Zivillgesellschaft beaflosst ginn. An eng ganz Rei vu Virschléi sinn an déi Texter eragefloss, déi mer zréckbehalen hunn. Dat ass bemierkenswäert, nodeem och schonn zum Deel Aarbechte bal ofgeschlossen waren ënnert där viregter Institutionskommission.

Et ass ganz vill scho gesot ginn iwwert déi verschidde Kategorie



vu Rechter a vu Fräiheeten. Ech wëll dofir am Telegrammstil op déi wichteg Dispositiounen an deenen neie Verfassungstexter agoen a virun allem méi op déi nei.

Allegueren déi Grondrechter, déi garantéiert ginn a sinn duerch international Accorden, deene Lëtzebuerg bäigetruewen ass, d'Konventiounen, déi gëlle selbstverständlech och fir eis an déi ginn net all eenzel an der Verfassung erwänt - d'Simone Beissel huet et gesot -, soss géife mer eng ganz laang Verfassung kréien.

An eisen neie Virschléi ass ervirzesträichen, dass mer d'Onverletzbarkeet vum Mënsch senger Würd, d'Recht op Integritéit vu Kierper a Geescht gradewéi bis elo d'Verbuet vu Folter an d'Recht op Gedanken-, Gewëssens- a Reliounsfräiheet verankert hunn.

Bei de Biergerrechter kommen eng ganz Rei vun neie Rechter derbäi respektiv gi bestoend Rechter verstärkt: d'Recht op Netdiskriminierung, d'Recht, eng Famill ze grënnen. Ganz kloer: Fir eis Partei ass et evident, dass et e libre Choix muss ginn am Choix vun de Partnerschaften. Mir sinn net do, fir Polizist ze spillen an ze soen, wat gudd ass a wat schlecht ass. Ech mengen, esou wäit si mer an der Zwëschenzäit am Joer 2022.

An dann, wannechgelift, ech hu virdru gesot, mir si keng Association de malfaiteurs a mir si virun allem keng Associatioun vu Ligener. Wa mir soen, dass d'Gestation pour autrui hei am Land en No-Go ass, dann ass dat esou! Mee, an ech soen dat gradesou kloer, wann e Kand aus dem Ausland aus esou enger Form, déi net eis ass, aus esou engem, jo, Geschäft, dat net eist ass, hei op Lëtzebuerg kënnt, solle mer et dann direkt an de Prisong spären?

(Interruption)

Solle mer et net an der Schoul zouloossen? Ouni d'Gestation pour autrui unzuerkennen, muss een d'Rechter awer vun all Kand unerkennen! An do sinn d'Rechter un d'Kand gebonnen an net un d'Elteren, wa se e Choix gemaach hunn, deen net eisen ass an deen net eise wäert ginn.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - D'Recht op e Richter, de Verbuet, fir eng Aktioun oder Mission bestrooft ze ginn, déi zum Zäitpunkt vun der Dot net strofbar war, d'Recht op informatiounell Selbstbestëmmung an op de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën, d'Recht op Asyl ginn an eisen neien Texter iwwerholl respektiv gestärkt.

An da kommen ech bei d'Staatsziler, déi weesentlech ergänz gi sinn, mee - mee! -, an dat wëll ech ennersträichen, näischt Neies sinn - näischt Neies sinn! A souguer Leit, déi eis ennerschiben, dass dat eng Politiséierung vun der Verfassung wär, hu selwer zumindest eng Proposition de loi abruucht, déi och e Staatszyl betrëfft. Jo, bon, et muss ee sech entscheiden: Ass ee fir Staatsziler oder ass ee géint Staatsziler? Et kann een net soen: „Dat ass eng Politiséierung“, an da selwer eng Proposition de loi erabréngen, déi e Staatszyl betrëfft. Ech kann lech se weisen, wann et lech interesséiert.

Staatsziler als reng, als vläicht parteipolitesch Ziler ofzedinn, wär falsch. Staatsziler klengzerieden, wär falsch. Staatsziler sinn eppes enorm Wichtige! An ech zitieren do de Staatsrot: « Ce sont les grands principes qui s'imposent à l'action de l'État, mais qui n'introduisent

pas de droit positif individuel à effet direct que le citoyen pourrait faire valoir en justice. » Staatsziler sinn eppes, wou de Staat sech engagéiert, op déi grouss Problemer oder op déi grouss Erausforderunge vun eiser Gesellschaft ze reagieren an doriwwer eraus prioritär drun ze schaffen, sech ze engagieren, sech d'Moyenen ze ginn, fir dat ze fërderen, fir deem entgéintzewierken oder et ze verbessern. An dat si ganz nobel Ziler an déi bannen net eng Regierung, déi bannen de Staat, egal, wat fir eng Regierungen, egal, wat fir eng Majoritéiten do sinn.

An et soll ee mir soen, bei deenen Ziler, déi mer elo oplëschen niewent deene Staatsziler, déi mer bis elo haten, déi net esou gekennzeechent waren, mee awer Staatsziler sinn, wat fir eng vun deenen, wat fir eent vun deene Staatsziler ee wëllt ewechloossen!

Ee Staatszyl ass d'Recht op Aarbecht, dat hate mer elo schonn, och wa leider net jiddwereen eng Aarbecht huet, de sozialen Dialog, deen de Wee an eis Verfassung méi staark fënnt duerch d'Staatsziler, mee och duerch

Patrimoine culturel kënnt och aus der Biergerconsultatioun; d'Fräiheet vunderwëssenschaftlecher Fuerschung am Respekt vun de Grondrechter; och e Resultat vun de Biergerconsultatiounen.

Et muss een also gesinn, dass mat deene Staatsziler mir eis alleguer zesummen, well mir gehéiere jo als Institutioun zu eisem Staat, verflchten - alleguer, déi eppes kënne maachen -, dem Wunnen an alle Politicken, alles, wat de Problem méi grouss mécht respektiv wat en ausbremst, do Hand an Hand zesummenzeschaffen; dat ass enorm wichtig! (veuillez lire: Mat dene Staatszieler verpflchte mir eis alleguer, well mir gehéiere jo och als Institutioun zum Staat, alles ze maachen, fir déi Staatsziler ze erreechen. Ech denken do zum Beispill drun, datt mer dem Wunnen an alle politesche Beräicher Prioritéit musse ginn.) Dat ass eng Verflchtung, déi mer aginn, wa mer deen Text hei stëmmen.

D'Dignité humaine, just ee Wuert doriwwer, ass en absolut Grondrecht. An et ass eeben d'Aufgab vum Staat, de Mënschen esou wäit wéi

Kolleegen, houerfreg, mat hinne kënne zesummenzeschaffen. Et ass eng Freed, wéi proaktiv se sinn a wéi kompetent se sinn a wéi suergfältig se sinn, well Suergfalt bei enger Verfassung ass essenziell.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Fir de Fortschritt kënne ze gesinn, deen déi nei Texter vis-à-vis vun der bestoender Verfassung duerstellen, bidden ech alleguer déi, déi un der Verfassung interesséiert sinn oder déi mer kënne interesséieren un der Verfassung, déi bestoend Texter mat deene jëtzege Texter ze vergläichen, Artikelen, déi zesummegehéieren, mateneen, zesummen ze liesen an net en Deel erauszegräifen, well dat e falsch Bild géif ginn.

Mir hunn e ganze Koup Efforte gemaach, fir déi Verfassung un d'Leit ze bréngen, mat eisene eegene Medien, mat enger ganz lichte verständlecher Broschür, enger zäitnoer Publikatioun vun deenen Debaten, déi mer hei féieren. An do wieren ech mech géint all Ennerstellung, dass mer Referendumsbestriewungen, déi vun de Leit kéinten ausgo-



Den Här Mars Di Bartolomeo (LSAP)

d'Verankerung vun de Berufs-chamberen an deem vieregte Kapitel, wat enorm wichtig ass.

D'Recht op d'Wunnen, géif een dat ewechloossen? Et ass ee vun den Haaptproblemer, déi eis Gesellschaft elo kennt! Ass et net wichteg, dass de Staat sech engagéiert, all Méiglech ze maachen, fir deem dote Problem, wou d'Inegalitéite wuesse kënne doduerch a wou Wunnengen onerschwénglech kënne ginn ..., ass et net eng Selbstverständlechkeet, dass e Staat sech verflcht, fir do alles ze maachen, fir deem entgéintzewierken?

De Schutz vum Mënsch a senger Ëmwelt - hate mer och schonn an der jëtzege Verfassung - gëtt ergänzt duerch d'Erhale vun der Biodiversitéit, den Asaz géint de Klimawandel.

Den Déiereschutz, jo, och e Staatszyl, hate mer och schonn an eiser jëtzege Verfassung, mee, an dat ass en Duerchbroch, mir erkennen d'Déier un als en net mënschlecht Wiese mat senger Sensibilitéit a sengem Recht op Respekt a Schutz.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Wichtig! An ech mengen, dat gëtt jo och net contestéiert vu Leit, déi soen, dat wäert politesch Ziler.

Den Zougang zu Kultur an d'Recht drop, sech kulturell ze entfalten, kommen aus de Biergerconsultatiounen, wéi anerer, déi hei an deem Kapitel festgehele gi sinn. De Schutz vum

méiglech e mënschewierdeg Liewen ze erméiglechen a se och deementspreechend ze logéieren, fir nach ee Wuert iwwert de Logement ze soen. D'Dignité humaine, dozou gehéiert och en Daach iwwert dem Kapp an net dobausse mussen ze bleiwen.

Meng Zäit leeft fort, dofir ginn ech am Telegrammstil nëmmen iwwert déi wichteg Dispositiounen, déi mer hunn a Saache Schoul, Educatioun, Recht op Educatioun, méi breet wéi dat bis elo formuléiert war an eiser Verfassung - Staatsoptrag, fir déi Educatioun beschtméiglech ze organiséieren. Et ass also e ganz klaren öffentliche Optrag; fir eis eminent - eminent! - wichtig!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hu vill geschafft un deenen Texter, iwwer 15 Joer. Et ass eng Evolutioun an deenen Texter komm. Mir hunn eis Handschrëft oder eis Ennerschrëft nach drénnergemaach, eis Handschrëft zum Deel, déi een erkennt, ouni ze vergiessen, dass mer de Gros anere Kolleegen, déi net méi bei eis sinn, verdanken; Dir wësst, wien ech mengen: de Paul-Henri Meyers, den Alex Bodry an hir Ekippen, déi dru geschafft hunn. Mir hu gelauschert a mir hu gehéiert. D'Madamm Rapportrice an och de Léon Gloden an eis Ekippe ronderëm eis, un der Spëtzt d'Carole Closener, och elo ergänzt duerch eis Cellule scientifique, mat der Generaldirektioun zesummen, hunn eng formidabel Aarbecht gelescht an ech sinn, gradewéi eis

en, kéinten ennergruuewen doduerch, dass mer den Debat elo haut oder dee leschte geféiert hunn! Déi Referendumsprozedur, déi elo leeft, betrëfft net deen Text. Déi betrëfft deen Text, dee mer virun annerhallwem Mount gestëmmt hunn. An do waren d'Informatiounen, d'Debate bei de Leit, ier d'Prozedur ugaangen ass. D'Leit konnte sech also genee eng Meinung bilden, ob deen Text dann elo gudd ass oder schlecht, an dat hätt se kënne motivéieren, jo oder nee, fir un deem Referendum deelzehuelen, d'Table-rondé mat alle Parteien, Froen an Äntwerten.

An, Kolleeginnen a Kolleegen, ech si wéi eng Rei vu Kolleegen oder déi meescht Kolleegen aus der Kommissioun doriwwer enttäuscht, wann trotz klaren Texter, wou jiddweree kann nokontrolléieren, wat Sache ass a wat net, ëmmer nach Mäercher an d'Welt gesat ginn, déi ee selwer net gleeft, déi ee selwer net gleeft, well wann ee se géif gleewen, da géif ech fäerten, dass een net alles matkritt huet, wat an där Verfassungsdiskusioun an deene leschte 15 Joer gelaf ass.

Här President, mir hunn eist Beschtt gemaach, fir gudd Verfassungstexter hei ofzeliwweren. An ech wëll do alle Kolleegen an haut alle viraus dem Simone Beissel en härezeche Merci soen. Et ass mir eng grouss Éier, déi Institutiounskommisioun dierfen ze presidéieren.

Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Di Bartolomeo. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue (déi gréng).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn net deen éischte Riedner, duerfir entschëllegt fir d'Widerhuelungen, déi onvermeidbar sinn, a mengem Text, deen ech awer der Kohärenz halber elo net nach sträichen, mat allem, wat scho gesot ginn ass.

Mir haten, wéi gesot, am leschte Verfassungsbloock déi éischt Visittkaart vum Land virgestallt an haut ass et gewëssemooosen d'Identitéit, déi mer lech virstellen: Wat mécht Lëtzebuerg aus? Fir wéi eng Wäerter steet déi Lëtzeburger Gesellschaft? An domadder schlëssen ech jiddwereen an, deen hei am Land leeft.

Mir hunn eng parlamentaresch Demokratie mat hiren Institutiounen, déi mer, wéi gesot, an deem Reformprozess méi däitlech trennen a gläichzäiteg an hire jeeeweilege Rollen och stäerken - ech ginn et net midd ze widerhuelen. Et geet an deem Kapitel hei, wéi meng Virriedner, an notament d'Rapportrice an hirem exzellente mëndleche Rapport, et scho gesot hunn, drëms, eis Grondrechter, eis biergerlech Fräiheeten an och déi grouss Staatsziler duerzeleeën.

De Sujet vun haut de Mëtten huet leider Gottes awer och en Aktualitéitsbezug, et ass scho gesot ginn: den oppene Krich an der Ukrain mat engersäits dem premeditéierte Broch vun internationalen Recht an anersäits dem Ofbau an der Verweigerung vun den elementairste Biergerrechter a Fräiheeten a Russland. Dofir: Méi wéi jee ass et wichteg, eis zu de groussen demokratesche Grondwäerter kollektiver Natur, individueller Natur an zu de Fräiheeten ze bekennen!

Ech wëll och ennersträichen, dass eng Verfassung, dat ass och scho gesot ginn, e Bild vun hirer Zäit ass an, als Ganz gekuckt, net a Stee gemesselt ass. Eng Verfassung muss och ëmmer e Spigelbild vun hirer Zäit sinn, an dat ëmsou méi, wat se méi detailléiert ass. Wat awer a Stee gemesselt ass, dat sinn eis Grondwäerter a Grondfräiheeten! A mir meessele mat deem Text souguer nach e puer zousätzlech Rechter derbäi.

Zënter dem 1. Januar 2022 ass Lëtzebuerg fir d'éischte Keier Member vun der UNO-Mënscherechtskommissioun. Mir sinn do gewielt gi mat 180 Stëmme fir déi nächst dräi Joer, bis 2024 abegraff also. Wat sinn do eis Prioritéiten? Éischstens: « l'appui à l'état de droit, à l'espace civique et aux défenseurs des droits humains et la lutte contre l'impunité », zweetens: « le développement durable et l'action climatique fondés sur les droits humains », drëtens: « l'égalité des genres et la lutte contre les discriminations », a véiertens: « la protection et la promotion des droits des enfants. »

D'Regierung huet och 2018 hiren éischte Plan d'action national pour la mise en œuvre des principes directeurs des Nations Unies relatifs aux entreprises et au droits de l'homme publizéiert. Momentan leeft de PAN 2.

D'Promotioun an de Schutz vun de Mënscherechter sinn och e wichtege Kärbestanddeel vun eiser Kooperationspolitik. Et ass bei der Debatt iwwert d'Kooperatioun hei och erwänt ginn.



Mir dærfen dat hei, dëst Kapitel, net am loftleere Raum gesinn. Et schreift sech an an eng ganz Rëtsch vun Texter ronderëm eis Rechte, Flichten a Fräiheeten. D'Rapportrice huet et gesot, wat den Iwwerbau ass vun den internationale Chartaen, déi fir eis gëllen.

Ganz contraignant zu Lëtzebuerg si virun allem zwee international Mënscherechtexter: un éischter Stell d'Europäesch Mënscherechskonventioun mat hirem eegene Geriichtshaff zu Stroossbuerg an zweetens déi mëttlerweile eebefalls contraignant Charte européenne des droits fondamentaux.

An et ass och ganz generell esou, dass, egal wéi komplett eng Verfassung ass, se dës an nach vill weider international Texter zu de Rechte an de fundamentale Fräiheeten ni kann ersetzen. Et ass och gesot ginn, ech widerhuelen et: D'Komplementaritéit ass essenziell! Dat heescht, och wann eis Verfassung zum Beispill d'Sklaverei net explizit verbitt, ass se dofir awer nach laang net erlaabt, grad wéi d'Polygamie, déi bei eis via Gesetz ënner Strof steet, verbueden ass, mat héije Sanktiounen.

prezis aklobar Rechte a Fräiheeten, mee Objektiv, deenen de Staat soll gerecht ginn an zu deenen e sech mat der neier Verfassung héichoffiziell a mat grousser Ënnerstützung vum Parlament verflcht.

D'Staatsziler drécken aus, wat eiser Gesellschaft wichteg ass. Och wa se fir de Bierger elo net direkt aklobar sinn, muss een awer wëssen, dass de Staatsrot domadder d'Missioun kritt, all zukünftige Gesetzestexter och op de Respekt vun deenen neien Artikelen ze präwien an eis dann als Chamber d'Giel Kaart ze weisen, fir dass mer eis Texter verfassungskonform ëmännere gegebenefalls. Et ass also net just Symbolpolitik, déi mer haut hei maachen.

Et geet, wéi d'Wuert et seet, ëm Ziler - sechen Ziler ginn, heescht jo och, dass een et wëllt erreechen an dass ee sech déi Mëttele gëtt. Eppes an d'Staatsziler vun eiser Verfassung anzeschreien, kann also en éischte Schrëtt sinn. An enger nächster Verfassungsreform kënnen dës Objektiv da vläicht schonns an eng vun den zwou anere Kategorien iwwerhol ginn, esou wéi mer dat, wéi et och gesot ginn ass, an der leschter Ligne

D'Ministesch ass ënnerwee am Land, fir de Leit nozebréngen, ëm wat et do geet. A wéi gesot, d'Fräiheet vun der wëssenschaftlecher Fuerschung hu mer och ageschriwwen.

Natierlech wär et schéin, wann dat alles aklobar Rechte wären. Mee an der Praxis wärend dës Rechte awer nach iwwer länger Zäit net ze garantéieren. Et ass en éischte Schrëtt. An et ass fir eis Gréng en Optrag, alles ze maachen, fir dass ëmmer manner Mënschen, an idealerweis keen eenzege méi, eng net ugepasste Wunneng hunn. Alleguer - ech mengen, mir sinn eis eens hei an der Chamber -, déi hei vertraute sinn, hu mer déi verdammte Pflicht ze hëllefen, dëst Zil ze erreechen! Et wär e fundamentale Schrëtt, fir d'Aarmut an den Aarmutsrisiko wierksam ze bekämpfen.

Bei der Ëmwelt- a Klimapolitik steet och, dass mer de Besoin vun alle Generatiounen, vun deenen, déi elo hei liewen, a vun den zukünftigen, musse Rechnung droen. Fir eis Gréng ass och dës Passage fundamental, e weist nämlech ënner anerem op d'Zesummespill tëscht den individuellen an de kollektive Rechte a Pflicht.

deemno, wéi schnell mer eis fannen an eens ginn, fir dat ze organiséieren an ze verwalten, wat eis „zesumme gehéiert“, „gehéiert“ am Sënn, wat mer als Gemeinschaft brauche fir ze liewen, wéi mer den Territoire an d'Propriété organiséiere fir de gesellschaftlechen Notzen. Et ass eng Balance, déi do ze fannen ass. Et ass net: „Ech kann eleng maachen (veuillez lire: „Ech kann eleng maachen, wat ech wëll“) op Dauer, och mat deem, wat ech am Besët hunn, oder mat deem, wat ech geierft hunn.

Am Commentaire des articles - merci der Rapportrice! - zum 31. quater steet dofir: « Encore faut-il noter que la reconnaissance de la nature patrimoniale du territoire, qui consiste à lui conférer le statut de bien commun de l'humanité, n'a pas été retenue. » Schued dofir! « Néanmoins, force est de constater que l'utilité collective joue un rôle décisif quand il s'agit de développer de nouvelles formes de production, d'utilisation et de gestion de biens et de services pour les membres d'une communauté. » Dont acte. Eise Virschlag huet et also bis heinner an de Commentaire gepackt. Déi nächst Kéier packt en et da vläicht schonns bis bei d'Staatsziler, wie weess.

(Interruption)

Dat Konzept ass eppes, wat mir och perséinlech ganz wichteg ass. D'Notioun vun de Commons, also vun de Biens communs, den Allgemenggidd, déi jidderengem an enger Communautéit gehéieren oder als Global Commons souguer der ganzer Mënscheit, läit och ganz no um Konzept vum „gemeinsamen Haus“ - d'Notioun ass erwänt ginn -, dat et ze schützen gëllt. Dëst Konzept huet de Pöpst Franziskus 2015 an den Zentrum vun der sougenannter Ëmweltzyklika „Laudato si“ gesot, genee wéi och d'Fro no der Aart vu Welt, déi mer deene wëllen hannerloossen, déi no eis kommen. Et ass also vun engem vun den Urgedanken vun der grénger Beweegung.

E weidere Punkt, fir dee mir Gréng eis agesat hunn - och merci un d'Josée Lorsché nach eng Kéier -, betrëfft d'Notioun vu Mann a Fra. Mir hate proposéiert, dass an Zukunft am Verfassungstext a puncto Chancéglichheet net nëmme Mann a Fra geifen erwänt ginn, sech net dorop géif beschränkt ginn, mee dass een dee vill méi breeden an inklusive Begrëff vum Geschlecht - op Franséisch de „genre“ - benotze sollt. Leider huet sech awer keng Zweedréttelmajoritéit fanne gelooss. Och hei si mer zouversichtlech, dass bei zukünftige Revisiounen dës Schrëtt zesumme wäert gemaach ginn.

Ech weisen och nach op d'Onverletzbarkeit vum Mënsch senger Würd hin an och op d'Recht op kierperlech a geeschtig Integritéit an nach op de Verbuet vun der Folter, dee mer hei aschreien, gradesou wéi mer drop hiweisen, dass d'Doudesstrof net erëm kann ageschriwwen ginn.

Mat der mëttelster Kategorie, de Biergerrechter a -fräiheeten, garantéiert de Staat senger Biergerinnen a Bierger an och den Netbierger, zum Beispill de Kanner, de Jugendlechen an den Nettëtzebuerg, souwuel individuell wéi kollektiv Rechte fir hiert Liewen an eiser Gesellschaft: d'Recht, eng Famill ze grënnen, an de Respekt vum Familljeliewen, de Schutz vum Interesse vum Kand, informationell Selbstbestimmung a Schutz vun de perséinlechen Donnéeën, d'Recht op Asyl an

och nach en zentrale Prinzip vun eiser Rechtssystem, deen awer bis elo nach net verankert war - als President vun der Justizkommissioun ass et mer wichteg, dorop hinweisen, an de Léon Gloden huet et och gesot an d'Simone Beisel -: d'Onscholdsvermutung, d'Présomption d'innocence.

A mir schreien elo eréischt an, dass mer e Recht op e Richter hunn, wa mer stroffällig ginn. A mir schreien an, do wëll ech och drop hiweisen, dass kee Gesetz ka retroaktiv applizéiert ginn. Dat heescht, e Gesetz, wat net bestanen huet zum Moment, wou ech eng haut stroffbar Dot gemaach hunn, dat kann net géint mech verwent ginn.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Erlaabt mer, nach kuerz op d'Artikelen 10 an 11 zrëckzekommen. Den Artikel 10, 10bis an 10ter, d'Onverletzbarkeit vun der mënschlecher Würd - nei am Text. An et ass mer wichteg, dorop ze insistéieren: Et geet hei ëm de Respekt vum Einzelnen op physischem, psycheschem a moraleschem Plang.

Zum Begrëff vun der Dignité humaine, der mënschlecher Würd: Et ass deen éischte vun de véier Universalwäerter vun der Europäescher Unioun. Et ass also net iergendwéi eng Floskel, mee deen éischte Wäert vun der Europäescher Unioun! Déi dräi aner sinn: d'Fräiheet, d'Gläichheet an d'Solidaritéit. Dës Wäerter sinn de Sockel, d'Fundament fir d'Gerechtkeet an de Friden an der Welt.

Mir schreien och, wéi gesot, deenen Artikel, de Schutz vun der Intégrité physique et mentale vun all Mënsch an. Ech kommen an engem kuerzen Exkurs op de Gesetzesprojet 7949, mat deem mer den Abus sexuel méi staark wëlle bekämpfen an deen um Instanzewee ass, wou mer d'Verjärsungsfrist wëlle verlängere respektiv a verschiddene Fäll wëllen ofschafen. Et ass eng Applikatioun vun dësem Prinzip, notament dat allgemengt Recht op déi mental, déi psychesch Integritéit. Bei dësem Projet geet et besonnesch drëms, Mannerjäreger ze schützen, respektiv dass Strofdoten, déi mir als manderjärege Mënsch ugedoe si ginn, net wäerte kënnen verjären.

Mir consacréieren d'Gläichheet haut: Gläichheet ënner Geschlechter, Gläichheet am Sënn, dass keen als Mënsch dærf diskriminéiert ginn, Gläichheet am Sënn, dass all Mënsch mat enger Behënnerung déi selwecht Rechte wéi jidderem an der Gesellschaft muss hunn.

Dann hu mer an dësem Artikel 11 och ageschriwwen, dass d'Interesse vum Kand primordial betruecht ginn. Dem Kand seng Meinung gëtt gehéiert fir all Froen, déi et betreffen, am Respekt vu sengem Alter, am Respekt vu sengem Urteilsverméigen. D'Kand huet also e Recht op Schutz a Suerg, fir säi Wuelbefannen a seng Entwécklung ze garantéieren. An de Paragraph iwwert d'Famill an d'Familljeliewen ass och schonns ernimmt ginn.

Gläichheetsprinzip, Interesse vum Kand a Recht op Famill, dat alles hu mer an engem Artikel stoen. Dat ass keen Zoufall. Am Laf vun eisen Aarbechten huet sech dat an de leschte Méint ëmmer méi kloer erausgeschéit, aus Kohärenzgrënn. De Gläichheetsprinzip dærf net ugetaacht ginn. D'Interesse vum Kand sinn net verhandelbar. D'Famill definéiere mer am breede Sënn vum Wuert, et ass virdru gesot ginn.



Den Här Charles Margue (déi gréng)

Dofir war et jo och net eist Zil, eng méiglechst komplett a laang Lëscht vu Rechte a Fräiheeten an eis Verfassung ze schreien, mee se ëm e puer wichteg Punkten ze ergänzen a virun allem och den Opbau an d'Struktur ze verbesseren, wéi bei deenen anere Kapitelen och, fir dass d'Verfassung och an dësem Kapitel méi einfach ze liesen ass.

(M. Marc Spautz prend la présidence.)

Markant par rapport zu de Revisiounsaarbechten ass bei dësem Kapitel d'Tatsaach, dass hei vill a souguer am Verglach déi meescht Elementer aus der Biergerconsultatioun opgeholl si ginn - et gouf also eng Consultatioun, eng Rencontre mat de Bierger hei am Land -: d'Rechter a Bezuch op d'Interesse vum Kand, de Sozialdialog, d'Recht op Zougang zur Kultur an op den Épanouissement culturel, d'Unerkennung vum Déier als Liewewiese mat Gefillsverméigen, d'Fräiheet vun der Wëssenschaft an der wëssenschaftlecher Fuerschung.

Meng Virriedner hunn erkläert, wat de Sënn an den Zweck vun de Staatsziler ass. Si si keng

droite vun eisen Aarbechte gemaach hunn, wou et ëm d'Interesse vum Kand gonn, déi mer elo bei d'Grondrechter ageschriwwen hunn. Mir hu se also noueue geréckelt a bei d'Grondrechter geschriwwen.

Konkreet geet et bei de Staatsziler ëm d'Recht op Aarbecht, ëm de Sozialdialog an ëm déi nei a wichteg Paragraphen, mat deenen eis Verfassung net nëmme an ganz modern an zäitgeméiss Aspekter, mee och op déi aktuell gréisser Erausforderunge fir eis Gesellschaft ageet. De Mars Di Bartolomeo huet et elo grad gesot: d'Recht op Wunnen - en Daach iwwert dem Kapp hunn -, de Schutz vun der Natur an der Ëmwelt.

Dann, de Kampf géint de Klimawandel an den Asaz fir d'Klimaneutralitéit sinn nei, d'Erhalte vun der Biodiversitéit ass nei, d'Matabezéie vun de Besoinen vun den zukünftigen Generatiounen; de Schutz vum Déier hunn ech schonns ernimmt an och den Zougang zur Kultur an de Schutz vun eiser Patrimoine - eng Problematik, déi mer vill ze vill laang vernoléisst hunn an eisen Uertschaften a wou mer eis elo en neit a méi ambitiëst Gesetz ginn hunn duerch eise Vott virun zwou, dräi Wochen.

ten hin. Eng Gesellschaft muss deen Einzelne schützen, a besonnesch deen, deen am mannsten huet, deen am meeschte schutzbedürftig ass. Awer eng Gesellschaft muss och ëmmer am Interesse vun der Allgemengheet handelen an deen am Bléck hunn. Et geet ëm e Gläichgewicht, wat mer versichen ze erreechen, dass déi eng net op d'Käschte vun deenen anere liewen. Mir hunn d'Welt vun eise Kanner geleint.

Als Gréng hate mer an der Kommissioun nach versicht, eis Kolleginnen a Kollegen ze iwwerzeegen, d'Iddi vun de „commons“ eranzebréngen - e spezielle Merci un d'Josée Lorsché, wat déi Iddi hat.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Charles Margue (déi gréng).** - Dat weist och, dass mer an där Kommissioun zesummen diskutéiert hunn an dat zrëckbehalen hunn, wou mer eis eens gi sinn driwwer, an dat, wou mer eis eeben net eens gi sinn ... Et war also keng ofgekart, ofgeschwate Saach.

Ech kommen op d'Commons zrëck. Déi berechtigt Fro ass



Et geet domat un, dass jiddereen an eng Famill eragebuer gëtt, ob en als Kand zwee oder nëmmen een Elterendeel huet. Duerno ass d'Famill eng variabel Gréisst, mir wëssen dat alleguer, déi méi oder manner grouss ass duerch d'Presenz vu Gesëschter, Tattaen, Monnien, Grousselteren, Kosengen a Kusinnen. Mam Alter verännert sech d'Famill an hirer Zesummesetzung, duerch Trennung, duerch Stierffäll, duerch nei Gebueren, duerch nei Partnerschaften, mee et ass ëmmer eng Famill! A fir deen, dee se erlieft, ass et „seng Famill“.

**Une voix.-** Très bien!

**M. Charles Margue (déi gréng).**- Eng Famill entsprécht also net just dem Stereotyp vu Papp a Mamm mat Kanner. Eng Famill op déi Form ze reduzéieren, wier jo eng Frechheet, eng Frechheet fir all elengerzéiend Elteren an hir Kanner, fir all Wittfraen, all Wittmänner, fir all Kanner ouni Elteren, fir all Homokoppelen.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. Charles Margue (déi gréng).**- Wann elo een lech wëllt zielen, dass een dësen Artikel 11 anescht ka liesen an dass doranner eng Hannerdier fir d'Leihmutterschaft opgemaach ginn ass, dann ass en intellektuell just onéierlech. Dann huet e just schlecht Absichten! Da versicht dee just aus abstruse Grënn, den Auteure vun dësem Text Saachen ze ënnerstellen, déi kee Kapp a kee Schwanz hunn, an e versicht de Leit just Angscht ze maachen.

An der Kommissioun hunn déi véier Parteien, déi sech géeneegt hunn, fir dës Verfassung ze reforméieren, kloer gesot - ech weess nach ganz genau, weini déi Sitzung war -, dass et keng GPA/Leihmutterschaft zu Lëtzebuerg wäert ginn, net elo an net an Zukunft! Mir soe solidaresch mat allen, déi déi Verfassung de Mëtteg hei stëmmen, an als Gréng, dass mir zu dëser breeder Definitioun vu Famill stinn, dass mir géint all Forme vu Leihmutterschaft sinn. Si ass, fir et ganz kloer ze soen, e fraeifeindlechen Akt a virun allem och eng Vue vum Kand a vum Kanner-op-d'Welt-Setzen als Produit an als Déngschtleeschung, déi fir eis inakzeptabel ass!

**Une voix.-** Très bien!

**M. Charles Margue (déi gréng).**- A mir soe gradesou daitlech, dass fir eis e Kand e Kand ass, ouni Ènerscheeder, wou a wéi et gebuer gouf. All Kand kritt déi selwecht Chancen zu Lëtzebuerg, huet Recht op Bildung a soziale Schutz.

Ech kommen zum Schluss, Här President. Mir kënnen a wëlen eis keng Diskriminatioun tëschent Kanner virstellen, wou et géif heeschen zum Beispill: „Dat do dierf an d'Spillschoul an dat anert Kand dierf net.“ An esou enger Gesellschaft wëlt ech net liewen, eng Gesellschaft, déi mir glécklecherweis scho längst hannert eis gelooss hunn.

**Une voix.-** Très bien!

**M. Charles Margue (déi gréng).**- Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, ginn natierlech den Accord vun der grénger Fraktioun an zum Schluss vu menger Ried vergiessen ech awer net en häerzleche Merci un d'Rapporteur. Merci Simone fir deng Aarbecht, déi s de mat Engagement, Kompetenz a Leidenschaft virgedroen hues.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.-** Merci villmools, Här Margue.

An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ee vu menge Virriedner hat dat Wuert „Schlechtegkeet“ gebraucht. Ech froen lech: Ass et net eng Form vu politescher Schlechtegkeet, dësem Land e Referendum iwwert d'Verfassung ze verspriechen an dat Verspriechen dann ze brieschen? Ass dat net eng Form vu politescher Schlechtegkeet? Ass et net eng Form vu politescher Onéierlechkeet, fir u sech hei och Argumenter géint de Rasonement vun der ADR virzebréngen, déi mir iwwerhaupt net bréngen, wéi zum Beispill, datt e Kand, wat duerch eng GPA aus dem Ausland kënnt, net däreft an d'Spillschoul goen oder esou? Dat ass dach eng absurd Diskussioun, déi hu mir ni geféiert, an dat ass en Argument géint eis, wat mir iwwerhaupt net brauchen.

**Une voix.-** Ganz genau!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech wëll lech elo hei kuerz soen, datt dëst Kapitel - an ech mengen, mir wëssen et - u sech dat schlechtest ass vun deene véier vun dëser Verfassung. Et huet eigentlech, ausser vun deene véier Parteien an deene Presseorganer, déi hinnen nostinn, nëmme Kritik kritt, vun der Mënscherechtskommissioun, vun allen aneren.

(Brouhaha)

Eigentlech ass et just de Selbstlob vu véier Parteien, dee seet, dat hei wär eng gutt Aarbecht. Et ass redaktionell Fléckwierk, et ass intellektuell onéierlech.

Ech ginn lech e puer Beispiller: Dat bewosst Ewechloosse vum Recht op Liewen, zum Beispill, am Kader vun der mënschlecher Dignitéit, dat ass jo keen Zoufall! Da gëtt hei gesot: „Dat steet an auslännesche Konventiounen.“ Mee déi aner Komponente vun der mënschlecher Dignitéit jo och, mee déi ginn awer an d'Verfassung iwwerhol! Et ass dach bewosst net gemaach ginn, well et hei Lobbye gëtt, déi d'Recht op Liewen net wëllen hunn! Dowéinst feelt et an der Verfassung, dat wichtegst Mënscherecht.

Oder och déi Politiséierung vun der Verfassung duerch politesch Staatsziler, d'Volonté politique, ech kommen nach dorobber zrëck, schlecht formuléiert Dispositiounen, d'Gefore fir d'Famill, op all dat kommen ech drop zrëck.

D'Kommerzialiséierung vum Kand, d'Problematik ronderëm d'Kannerrechter, déi an der Verfassung stinn - do ass opgrond vun der Angscht virun der ADR-Kritik ewechgeholl ginn: « l'État veille ». Dat ass elo ewech an elo ass net kloer, wie fir wat fir e Recht zoustänneg ass. Dat gëtt nach eng schéin Diskussioun!

Déi onglécklech Omissioun vun der Liberté d'expression als en explizitt Recht an der Verfassung, och dat muss ee soen, et ass iwwregens vun der Mënscherechtskommissioun kritiséiert ginn.

D'Recht fir den Enseignement à domicile, dat feelt.

D'Kultur, d'Fräiheet vun der Kultur feelt.

D'Méiglechkeet, fir an engem État de crise Moossname vun der Regierung duerch d'Verfassungsgericht préiwen ze loossen, feelt.

An dann déi Saach vum Ausländerwalrecht, ech kommen nach dorobber zrëck.

(Brouhaha)

Ech wollt vläicht, well ech wierklech nëmmen zéng Minutten hunn - Dir wësst, firwat, ech hat dat virdru gesot -, vläicht just e puer Saache soen.

Also, d'Recht op Liewen ass absolutt zentral. Datt dat feelt, ech hunn lech et gesot, dat ass e Knéifall viru verschiddene Lobbyen. Beim Diskriminatiounsverbuet fënnt ee verschidde Formulëierungen, déi absolutt onverständlech sinn, wéi zum Beispill déi hei: « Nul ne peut être discriminé en raison de sa situation ou de circonstances personnelles. » Dat ass absolutt intellektuell, juristesche onverständlech. Dat ass elo bei eis Verfassungstext! Och do freeë mer eis op déi Jurisprudenz, déi opgrond vun dësem Artikel wäert geholl ginn.

Mir hu bei de politesche Staatsziler de Problem vun der Politiséierung vun der Verfassung. Ee Virriedner huet gesot: „Jo, do ass net déi nächst Regierung gebonnen, de Staat ass gebonnen.“ Dat ass jo genau eis Kritik! Well wann elo eng Regierung kënnt - et gëtt jo gesot, datt déi nächst Verfassung, déi hei huet elo 150 Joer gehalen, och soll Joerzëngten halen -, wann dann an 30 Joer déi Ziler iwwerhaupt net méi aktuell sinn, wann an 30 Joer eng Kéier eng Regierung kënnt, déi mat deene Staatsziler net d'accord ass, dann ass de Staat gebonnen. Dann huet déi zwar en demokrateschen Optrag vum Wieler, fir eng bestëmmt Politik ze maachen, an awer muss se sech dann a Kontradiktioun zu der Verfassung stellen. Dat ass dach ondemokratesch! Dat ass net eng Demokratie, wéi mir eis se virstellen.

An dann, déi Saach mat der Fonction publique: Et ass an eisen Aen net normal, datt eng Fonction publique op politesch Ziler vereedeget gëtt, dat ass fir eis net dee richtege Wee.

D'Objectifs à valeur constitutionnelle si fir eis eppes, wat ee kéint einfach ewechloossen, fir dat och ganz kloer ze soen. D'Regierung huet och hir Problemer mat deem Begrëff gehat. Ech zitieren aus hirer Stellungnam - si weess net, wat d'Konsequenze genee dovunner sinn -, d'Regierung seet: « Les conséquences liées à ces objectifs s'expliquent [...] », oder pardon, si huet gesot - ech zitieren op enger falscher Säit -, si seet: « Leur étendue demeure incertaine parce que les notions y consacrées ne sont pas accompagnées par des critères d'appréciation. » Dat heescht, och d'Regierung ënnersträicht, datt net kloer ass, wat se eigentlech solle bedenken.

Mir wëssen och net, wéi se sollen ëmgesat ginn. Am ursprénglechen Text 7755 stoung, datt se do wäere fir de Legislateur, datt dee kéint Derogatiounen maachen op constitutionnel Prinzippien. Mir haten dat kritiséiert. Dat ass elo erausgeholl ginn. Mee elo gëtt vun enger „Obligation de moyens“ geschwat. Do gëtt gesot, den « objectif à valeur constitutionnelle impose au législateur de prendre les initiatives législatives » an esou weider, fir dann dat Zil ze errechen, also et imposéiert dem Legislateur, dem Parlament bestëmmt Moossnamen, eng Obligation de moyens. Wéi wäit féiert dat? Musse mer dann awer, wéi et am ursprénglechen Text stoung, eventuell aner Prinzippien aus der Constitutioun derogéieren oder net? Alles dat ass elo onkloer. An derbäi kënnt: D'Regierung deelt eigentlech dat Gefill, wat mir och hunn, datt mer net genee wëssen, wat déi Objektivitéit kënne bewierken.

Ech wëll kuerz - well, wéi gesot, d'Zäit feelt mer - eriwergoen zu deenen anere Froen, nämlech vum Ausländerwalrecht. Do ass dann déi laang Diskussioun, an ech kann elo net an den Detail goe sans porter préjudice à, mee ech wëll awer eppes politesch hei staark ënnersträichen. Ech wëll politesch ënnersträichen, datt déi véier Parteien, déi dat heiten droen, plus, ech mengen, d'Piraten vläicht och, datt déi sech alle véier a verschiddene Formen, op verschiddene Plazen, zu verschiddenen Zäiten, zum Deel iterativ, ëmmer erëm fir d'Ausländerwalrecht ausgesprach hunn.

Ech wëll der CSV just ..., well do komme vläicht elo Kriticken an esou weider. E jonken CSV-Deputéierten hat viru Kuerzem en Interview gemaach an ech hu keen Dementi héiere vun der CSV, keen! En ass gefrot ginn: « Comment intégrer davantage les résidents étrangers à la vie politique luxembourgeoise ? ». Äntwert vum 24. Februar: « Le référendum de 2015 a apporté une réponse, mais pas définitive » - d'CSV! « Notre société est en évolution, donc il faudra repenser cette question. » An da gëtt eis hei reprochéiert, mir géifen erfannen, datt hei d'Ausländerwalrecht nach géif am Raum stoen. Ma et steet am Raum! D'CSV-Deputéierte soen et selwer!

(Interruption)

An da soe mir: „Ma, hei an der Verfassung ass dat eventuell virgeduecht“, an da gëtt eis dat reprochéiert.

En zweete Punkt ass net nëmmen, datt déi véier Parteien derfir sinn. Mir hate jo gefrot, fir dat ze preziséieren, et ass refuséiert ginn. An d'Reegele vum Referendum gi geännert, dat ass nach an deem Kapitel vum Här Margue. An Zukunft muss een net méi Electeur am Sënn vum Artikel 52 sinn, fir kënnen an engem Referendum mat ofzestëmmen. D'Chamber kann dat allkéiers duerch e Gesetz selwer bestëmmen, wien däreft an engem Referendum mat ofstëmmen. Och dat ass eng wichteg Neierung, déi och an dësem Kontext kann eng grouss Bedeitung hunn.

Mat der Famill, dat ass eng, fir eis vläicht déi absolutt zentral, Fro. An dann ass et natierlech esou, datt mir net eleng warnen. Och de Staatsrot hat gewarnt, well et gëtt keen anert Land op der Welt, et gëtt keng international Konventioun, et gëtt keng Jurisprudenz, déi hei esou wäit geet wéi Lëtzebuerg. Mir innovéiere weltwäit op eng verantwortungslos Manéier! De Staatsrot hat gewarnt: « Le Conseil d'État appelle dès lors à la prudence pour ce qui est de la consécration d'un droit subjectif justiciable de fonder une famille, un droit actuellement non encore reconnu comme tel au niveau ni du Conseil de l'Europe, ni de l'Union européenne, ni des membres de cette dernière et dont l'étendue n'est pas clairement définie. » Mir innovéieren hei mat der Famill, mir innovéiere mam Wuel vum Kand.

An da gëtt hei gesot: „Mir schreibe jo Kannerrechter an eis nei Verfassung eran.“ Mee et ass keng Verfassung, déi opgrond vun dëser Émorientéierung vun der Famill, duerch d'Kommerzialiséierung vum Kand - an ech soen lech nach, firwat - eigentlech Kannerrechter esou a Fro stellt, wéi et hei geschitt ass!

(Brouhaha général)

Well wann elo gesot, « toute personne [...] », ... Här President, kënnt Der derfir suergen, datt et roueg ass, wannechgelift.

(Coups de cloche de la présidence)

**M. Fernand Etgen, Président.-** Jo.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Well ech ginn ënnerbrach an ech hätt gär, datt ech ka roueg schwätzen, da kënnt Dir mer net herno reprochéieren, ech wär ze haart gewiescht.

**M. Fernand Etgen, Président.-** Jo.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Also, wann hei elo gesot gëtt, datt « toute personne a le droit de fonder une famille » - „toute personne“, net „tout couple“ oder Gott weess wat -, dann ass dat kloer, datt och eng eenzel Persoun kann eng Famill hunn, an déi eenzel Persoun wäert sech heirobber beruffen, fir e Kand kënnen ze kréien. Vu datt eng eenzel Persoun dat an der Biologie net kann, ass jo kloer: E Mann eleng probéiert et iwwer GPA, eng Fra eleng iwwer PMA avec tiers donneur. An d'Filiationsgesetz, déi och vun deene Parteien diskutéiert ginn an der Chamber, déi gesinn dat jo och vir. Wat geschitt da mat engem Kand, wat duerch eng GPA aus dem Ausland heihikënn? Den Acte um État civil oder d'Adoptioun, wéi soll dat gehandhaabt ginn? Et ass jo alles virgeduecht!

Et ass jo net eng Imaginatioun vun der ADR, kee Cauchemar vun eis. Et ass dach déi legislativ Aarbecht, déi Dir selwer préparéiert! Et ass Är politesch Volontéit, déi mir hei bloussstellen, an duerfir sidd Der esou rose mat der ADR! Well mir dat an d'Effentlechkeet bréngen!

(Exclamations)

(Coups de cloche de la présidence)

Well mir dat an d'Effentlechkeet bréngen, wat Dir eebe just hanner verstoppten Diere maacht, nämlech eng Gefor fir d'Famill an eng Gefor fir d'Kand.

An da sot Der an Ärer Broschür, déi Der un all Stot op Staatskäschen ... - net wéi mir, well mir bezuelen eis Saache selwer, déi mer un d'Leit schécken!

(Brouhaha général)

**Une voix.-** Glécklecherweis!

**Une autre voix.-** Strof muss sinn!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dir ... Jo, jo! An da sot Der doranner, et wär jo kloer, datt d'GPA zu Lëtzebuerg net a Fro kënnt, mee Lëtzebuerg ass kleng!

Nee, Dir wësst et esou gutt wéi mir: Et gëtt am Ausland gemaach an da gëtt dat dann hei importéiert.

(Interruptions)

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- A! D'Kanner ginn importéiert!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- An net zulaaschte vum Kand, datt mir net géife Kanner an d'Spillschoul loossen oder den État civil net géife ginn, dat ass dach komplette Blödsinn! Nee, et geet ëm d'Kommerzialiséierung vum Kand. Et geet drëm, wierklech: D'Kand gëtt zu engem Objet de commerce - a mir refuséieren dat!

(Interruptions)

Mir refuséieren dat!

Wéi gesot, mir krute jo an Ärer Grousszügegkeet genau zéng Minutten, ech wëll vläicht duergfir nach just ee Wuert soen iwwert déi Saachen, ...



(Interruption)

... jo, jo, iwwert déi Saache vum Gender. Och dat hunn déi gréng gesot an hirer Interventioun. Wësst Der, wéi wäit eigentlech déi ganz Diskussioun ginn? Mir hunn elo och an eise Exposé des motifs vun den Égalités des sexes devant la loi, do steet effektiv elo och eng Referenz op d'Égalité des genres. Och dat muss ee wëssen. Wéi wäit geet dat heiten?

Et ass esou - an ech verstinn lech zum Deel, ech verstinn lech -: Dir wëllt kee Referendum. Dir fäert de Referendum, well mer dann eng Diskussioun, ...

(Brouhaha général)

... well mer dann eng Diskussioun ...

(Coups de cloche de la présidence)

... an der Gesellschaft hätten em dat, wat Dir hei hannert zouenen Dieren de Bierger wëllt zoomudden. Dorëm geet et!

**M. Fred Keup (ADR).**- Genau!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- A mir als ADR hunn eppes extreem Wichtiges gemaach an där ganzer Debatt, extreem wichtig: Mir hunn der Öffentlichkeit gesot, wat lass ass!

(Brouhaha)

**M. Fred Keup (ADR).**- Genau!

(Coups de cloche de la présidence)

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Mir hunn d'Kritikpunkte public gemaach. Mir hu gesot, wou d'Problemer leien. An Dir probéiert hei, op eng zum Deel onméiglech Manéier, eis dowéinst ze kritisieren.

**M. Fred Keup (ADR).**- Genau!

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Mee mir sinn houfreg op dat, wat mer gemaach hunn.

Ech soen lech Merci.

(Brouhaha)

**M. Fred Keup (ADR).**- Richtig! Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Mir maachen herno de Bilan!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Da freet den Här Gilles Roth d'Wuert pour fait personnel. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Roth (CSV).**- Jo, Fait personnel oder eng Kloeerstellung. Am Numm vun eiser Fraktioun an och vun der Partei: Fir d'CSV ass et ganz kloer, fir bei Nationalwalen zu Lëtzebuerg kënnen matzegoen, dass een do och d'Lëtzeburger Nationalitéit muss hunn. Dat ass eng Positioun, déi mer vertrauen hunn an der Referendumscampagne. Et ass eng Positioun, déi mer vertrauen hunn no dem Referendum a wou mer eis, am Konsens d'ailleurs mat dem fréiere Justizminister Félix Braz, derfir ausgeschwat hunn, dass den Zougang fir Netlëtzeburger zur Lëtzeburger Nationalitéit sollt vereinfacht ginn.

Déi selwecht Positioun hu mer vertraue virun de Walen 2018 an déi selwecht Positioun hu mer vertrauen, ënnert der Fiederféierung vun dem Léon Gloden, an der Institutionskommissioun. An eis Liesaart, an net nëmmen eis Liesaart, déi ass ganz kloer: Wann do steet „sans préjudice vum Artikel 52“, dat ass „unbeschadet vum dem Artikel 52“.

An, Här Kartheiser, d'intellektuell Eierlechkeet verlaangt awer hei och ... Ech respektieren Är Meenung, mee ënnerstellt eis net Saachen, déi mer net gesot hunn, a virun allem Saachen, déi ganz kloer an dem Commentaire des articles vun dëser Proposition de loi kloergestallt goufen, dass et ganz kloer ass, fir alle guerten déi Parteien, dozou ziele mer d'CSV an, ech mengen, och d'Majoritéitsparteien, op jidde Fall déi, déi dës Proposition de loi droen, dass d'Walrecht fir d'Netlëtzeburger hei net ageféiert gëtt, och net iwwert d'Hannerdier.

Ech soen lech Merci.

**Mme Martine Hansen (CSV).**- Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Roth. An da ginn ech d'Wuert kuerz zrëck un den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, fir Fait personnel, Här Präsident. Am Prinzip hunn ech fënnf Minutten, well den Här Roth huet mech ernimmt - contrairement ..., ech hunn nämlech den Här Roth net ernimmt -, an ech

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dowéinst wëllt ech hei just soen, dass déi Argumentatioun ... A mir hunn dat net nëmmen an deem Interview elo héieren, an dat weess all Mënsch heibannen, dee sech fir Politik interesséiert, dass hei verschidde Parteien, an notament déi véier, déi dës Kompromëss hei matdroen, dee Verfassungskompromëss, déi Zweedréttelmajoritéit, an och anerer - och anerer! -, sech ëmmer erëm fir d'Ausländerwalrecht ausgeschwat hunn.

An et ass jo awer dann, mengen ech, un enger Partei, déi, wéi mir, 2015 fir den Dräimol-Nee agetrueden ass ... 80 % vun de Lëtzeburger hunn dräimol Nee decidéiert! D'CSV hat deemools eng Positioun, déi huet dora bestanen: „Gitt gutt informéiert an d'Walkabinn!“ Et ass jo un eis, fir dann ze soen: „Passt op, Dir Dammen an Dir Hären, ...

**M. Claude Wiseler (CSV).**- Här Kartheiser, wann een dauernd Saache seet, déi net wouer sinn, gi se net méi wouer doduerch.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... passt op, wat hei leeft! Hei ass einfach e politesche Wëllen,

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dach!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Här Di Bartolomeo, haalt lech kuerz, wannechgelift.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Jo, selbstverständlech, selbstverständlech! Une fois n'est pas coutume, ech wäert ganz kuerz sinn. Den Här Kartheiser huet eis ënnerstellt, mir géifen nach wie vor un dem Ausländerwalrecht plangen.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Ech respektieren d'Meenung vu jiddwerengem heibannen, ob en nach derfir ass oder ob en dergéint ass. Mee hei ass de Wieler, dee virun enger Rei vu Jore ganz kloer tranchéiert huet - ganz kloer tranchéiert! - mat 80 % Nee fir d'Ausländerwalrecht. A mir respektieren alleguer heibannen de Wëlle vum Wieler a mir wäerten net versichen, duerch eng Hannerdier ... Déi abenteuerlech Konstruktioun, déi Der gemaach hutt, fir elo e Referendum ze organisieren an dann Ausländer matwie-

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Sou ass et, ënner anerem.

Mir hunn oft kritiséiert, awer och net mir eleng, dass de Katalog vun de Rechter an de Fräiheeten, déi déi véier Auteuren an déi nei Verfassung wëlle setzen, aus der Zäit gefall wierkt, dass en net op der Héicht vun den Ufuerderunge vun eiser Gesellschaft ass an och net der Evolutioun vun de Verfassungen a supranationalen Texter entsprécht.

Domat menge mir, dass de Katalog u Rechter an dëser Virlog vill ze staark deem gläicht, wat am 19. Joerhonnert schonn an den Text geschriwwen ginn ass. Deemools hunn déi liberal Fräiheeten a Rechter priméiert, déi den Individuum schützen solle virum Staat an der Allgemengheet. Dës Rechter hunn natierlech am 21. Joerhonnert nach ëmmer hir Plaz an der Verfassung, mee mir mengen awer, dass déi sozial Errungenschaften vun de leschten 100 a méi Joren oder och d'ökologesche Krisen, déi d'Iwwerliewe vun de Mënschen op der Äerd a Fro stellen, eng Stärkung vum Grundrecht katalog ronderëm d'Sozialan Erwerbrechter gerecht fertegt an onbedéngt néideg gemaach hätten.

Aus der Virlog vu Majoritéit an CSV ginn dës ganz zentral Aspekter an d'Sektioun iwwert déi sougenannten Objectifs à valeur constitutionnelle verfracht. D'Artikelen, déi do stinn, kënnen net viru Geriicht ageklot ginn. Déi berodend Mënschrechtskommissioun bemängelt dat och an hirem Avis, mee warnt awer och, dass wichteg sozial Rechter wéi d'Recht op d'Wunnen, d'Recht op Aarbecht iwwert dës Wee figéiert ginn, se also an eng Kategorie agestuft ginn, wou eng Evolutioun hin zu enger Stärkung bis hin zu enger Aklobarheet vun deene Rechter onméiglech gemaach gëtt.

Ech zitieren den Avis vun der CCDH, deen dës Problematik mam Beispill Logement op de Punkt bréngt: « Au lieu d'inciter le législateur à prendre le droit au logement au sérieux et à prendre des mesures législatives pour mettre en place un droit opposable, [...] le texte constitutionnel se borne à annoncer un objectif politique vide de toute possibilité sérieuse d'invocabilité. Il est fort regrettable que le texte constitutionnel soit vu comme une manière d'énoncer des objectifs vagues, au lieu de saisir l'opportunité de prendre les droits au sérieux et de les mettre au service de l'amélioration d'une crise sociale de taille comme la crise du logement luxembourgeoise contemporaine. »

Ech wëll wëssen: Wat hu mir vun deene Staatsziler? Wat huet de Bierger konkret vun deene Staatsziler?

Ganz däitlech gëtt hei, dass eng Chance verpasst gëtt, fir e Verfassungstext op de Wee ze bréngen, deen der gesellschaftlecher Realitéit Rechnung dréit an de Wee vum soziale Fortschritt opweist. Dat ass ëmsou méi bedenklech, well an dësem Deel vun de Staatsziler an eischer Linn Virschléi stinn, déi an der ganz klenger Biergerbedeelegung geäussert gi waren. Dat weist eis op en Neits, wéi kleng de Stellwäert vun dëser Biergerbedeelegung fir déi véier Auteure war.

Här Präsident, mir wëssen, dass dës Verfassungsreform de klengste gemeinsamen Nenner tëscht den Auteure war. Dat ass kee Geheimnis. Dass Verschidener gäre méi wäit gaange wieren, huet jo och de grénge Vertrieeder e Méinden op enger Table ronde zur Verfassungs-



Den Här Fernand Kartheiser (ADR)

hunn eng Fro zu der Prozedur. Et ass jo net esou, dass eng Partei, wa se ernimmt gëtt, hei dann en Droit de réponse huet. Soss kënnen mer dat aféieren, ech sinn do net dergéint, well d'ADR ass haut bestëmmt 50-mol ernimmt ginn an ech hätt gär 50-mol fënnf Minutten gehat, fir op déi Reprochen ze äntweren.

Mee et ass esou, wann ee perséinlech genannt gëtt, wéi den Här Roth mech elo genannt huet ... An ech wëll dem Här Roth soen: Ech hunn hei näischt anescht gemaach, wéi eeben en CSV-Deputéierten am Interview ze zitieren, wou e genau dat Argument ënnermauert huet, wat ech hei bruecht hunn. Also dat a puncto Eierlechkeet!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Wie war dat?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- E jonken CSV-Deputéierten, Paperjam, 24. Februar. Dir fannt dat erëm, Här Di Bartolomeo, ouni Problem.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Ha!

**Une voix.**- Wéi heescht en dann?

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Fait personnel, Dir hutt mäin Numm genannt!

(Hilarité)

deen drop spekuléiert, dass 2015 elo scho laang hier ass, ...

**Une voix.**- Wou ass de Fait personnel?

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... dass elo d'Realitéit, wéi dee jonken Deputéierten dat gesot hat, sech am Land ännert an dat iergendwéini den Abléck kënnt, wou mer erëmkommen an et dann iwwert d'Hannerdier aféieren. An dës Verfassung ass e gudde Wee, fir et ze maachen.

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. An elo kritt d'Wuert deen nächsten ageschriwwene Riedner.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här Präsident!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Nee, mir sinn a kenger Prozedur dran, wou Dir kënnt d'Wuert froen. Dir sidd net perséinlech ernimmt ginn, Här Di Bartolomeo.

(Brouhaha)

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Fait personnel! Den Här Kartheiser huet mäin Numm genannt!

**Une voix.**- Nee!

**Plusieurs voix.**- Dach! Dach!

**Une voix.**- Mir hunn en all héiechen.

len ze loossen an dann iwwert d'Hannerdier d'Ausländerwalrecht anzeféieren, dat ass, Här Kartheiser, et deet mer leed, dat ass Quatsch! Dat ass Quatsch!

Well esouguer wann esou e Referendum organiséiert géif ginn, esouguer wann e positiv wär, da misst d'Verfassung geännert ginn!

**Une voix.**- Jo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Voilà! An dat bräicht erëm eng Zweedréttelmajoritéit. Also déi doten Ennerstellung ass absolut Quatsch!

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci fir déi Kloeerstellung. An domadder kritt d'Wuert déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Merci, Här Präsident. Léif Kolleginnen a Kollegen, Här Präsident, léif Ministesch, den drëtten Deel vun der Verfassungsrevisioun ass fir eis deen enttäuschendsten, well, wéi Dir wësst, mir vergläichen e mat eiser eegener Verfassungspropos.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- D'Ofschafung vun der Monarchie.





D'Madamm Nathalie Oberweis (déi Lénk)

revisioun gesot. Dat gleewen ech him och gären. Mee mir dierfen eis net mat minimalistesche Kompromëssléisungen zefridde ginn, net an esou engem wichtege Gesetz, net am Grondgesetz an net an Zäiten, wou Krisen herrschen a wou mer eis mussen d'Mëttele ginn, fir géint dës Krisen ze kämpfen!

Wouzou eis dat féiert, weist jo grad d'Logementskris, an déi mer eis ëmmer erëm verrennen hei zu Lëtzebuerg. Den Artikel 29 vun der Propos iwwert de private Besëtz, déi mir hei elo diskutieren, hëlt tel quel dat erëm, wat aktuell am Artikel 16 vun der Verfassung steet.

Mir wësse jo awer alleguer heibannen, dass dësen Artikel eng zentral Roll spillt an der Logementskris a fir den Handlungsspillraum vu Gemengen an dem Staat, fir un Terrainen ze kommen oder Terrainen ëmzeklassieren.

Mir sinn ëmmer erëm mat Gerichtsurteeler konfrontéiert, wou Gemenge vill ze séier d'Limitten opgewise kréien op der Grondlag vun dësem Artikel. Dat bleift awer ëmmer esou stoen, wéi wann dat kee Problem wier.

Mir hunn an eiser Verfassungspropas och net gesot, dass mir de Schutz vu privater Proprietéit net wëllen an dass mer deen a Fro stellen. Mir soen dat net. Dat soen ech ganz kloer. Dese steet och an eise Text dran. Mee d'Privatproprietéit ass fir eis just eng Form vu Besëtz, déi geschützt soll ginn, nieft dem öffentlechen, dem sozialen an dem kooperative Besëtz. An den Émgang vun deene Formen vu Besëtz muss am Intérêt général stattfannen an am Aklang mat anere Prinzipien, déi an der Verfassung stinn.

Wann de Schutz vum Privatbesëtz esou esäiteg an eleng do steet, gëtt dat Ofweien am Intéressi vun der Allgemengheet - a mir mengen, dass d'Logementsproblematik esou en Intéressi ass - onméiglech gemaach.

Här President, bei de soziale Schutzrechter kéint ech elo och iwwer ganz vill aner Artikelen aus der Propas vun déi Lénk schwätzen, déi net hei am virleiden Text stinn. Ech beschränke mech awer op d'Sécurité sociale. An eise Virschlag ass d'Sécurité sociale als Mënscherecht verankert, als eng verpflichtend Aufgab vum Staat. Si steet awer och schonn als konstitutiv fir de Staatsbegrëff vu Lëtzebuerg. D'Sécurité sociale ass als soziale Besëtz

definiéiert an dierf deemno net privatiséiert ginn.

Wéi ass et mat der Propas vu Majoritéit an CSV? Och steet d'Sécurité sociale dran, mee wéi se gereegelt gëtt, steet net an der Verfassung, mee an engem Gesetz. Soumat ass se net geschützt als soziale Besëtz, also als kollektive Besëtz vun all deene Leit, déi cotisiéiere fir sech an hir Familljememberen, mee kann theoreetesch privatiséiert ginn. Dat ass awer keng Klenggekeet, déi net do drasteet, zumindest net fir eis!

Nach méi problematesch an eisen Aen ass, dass de Schutz virun Aarmut als Recht oder zumindest awer de Kampf géint d'Aarmut als Staatszill emol net an der Verfassung soll stoen.

Am Text vun déi Lénk steet am Artikel 65 ënnert de Grondrechter: « L'État garantit la protection contre la pauvreté et contre l'exclusion sociale. La loi détermine un revenu minimum garanti supérieur au seuil de pauvreté. » Mir mengen, dass de Schutz virun Aarmut, Vereendlung a sozialer Ausgrenzung onbedéngt an eng Verfassung vun enger Gesellschaft, déi op sech hält, gehéiert, dës émsou méi, well d'Würd vum Mënsch, d'Dignité humaine, als zentralen Droit fondamental an d'Verfassung soll opgeholl ginn, a gëtt jo dann och opgeholl.

Wéi kënne mer vu Mënschewürd schwätzen, wann Aarmut net als Contraire zur Würd vum Mënsch ugesi gëtt? Vill Avisen an och Verfassungsrechtler hu kritiséiert, dass d'Dignitéit vum Mënsch e schwammege Begrëff ass, wann en net mat engem Katalog vu Rechter, wéi an eiser Propas, ënnermauert a beschriwwen gëtt, deen de Richterinnen a Richter dann och déi néideg Indicationen doriwwer gëtt, wat de Constituant mat der „Dignitéit“ gemengt huet.

An eise Text steet d'Dignitéit nieft dem Recht op Liewen direkt am Ufank. Duerno kënnt en extensive Katalog u Rechter, deen all Lecteur se verstoe gëtt, wat mir ënner Mënschewürd verstinn. Zum Beispill ass dat eeben dee Revenu minimum garanti supérieur au seuil de pauvreté. Mir sinn eeben der Meinung, dass eng Verfassung soll konkret ausgeluecht ginn.

Wa mir déi sëlleg Krisen, ugefaange mat der Wunnungs- a Sozialkris, wëlle Meeschter ginn, da brauche mir kloer Indicationen, kloer Undeitung, konkret Rechter, un déi de Staat sech muss halen an déi de Bierger d'Mëttelen an de

Grapp ginn, Drock op de Staat ze maachen, eebe fir dass dës Rechter sollen ëmgeseit ginn. Rechter solle keng Absichtserklärung bleiwen, mee realiséierbar Ziler. De Staat ass net fir sech selwer do, mee en huet eng nobel Missioun, an zwar déi, dem Bierger ze dengen.

Dorunner uknäppend wëll ech op d'Émweltrechter agoen, déi an der Propas vun der Majoritéit an der CSV ganz feelen, mat Ausnam vun engem sougenannte Staatszill, wouzou ech eis Meinung jo scho gesot hunn.

Mir liewen an enger Zäit, an där d'Ausbeutung vum Planéit duerch déi destruktiv, extraktiv Wirtschaftsweisen vum Kapitalismus d'Liewensgrundlagen esou beschiedegt huet, dass e gesond Liewen a Sécherheet fir ganz vill Leit net méi assuréiert ass.

Ass de Wee, fir géint dës Entwicklung unzekommen - an dës muss eis Aufgab sinn, all aneres wäert schrecklech Konsequenzen hunn -, net, fir der Verfassung Ambitioun a Verbindlechkeet op ökologesche Froen ze ginn? Mir mengen: dach, onbedéngt! An ech argumentéieren hei esou wéi virdu beim Logement. Muss d'Verfassung dem Parlament net d'Verpflichtung ginn, fir déi néideg Efforten ze maachen, fir dës Ausbeutung an Zerstéierung en Enn ze setzen? Ma dach, esou mengt mir et.

An d'Recht vun all Mënsch op e Liewen a Gesondheet an enger intakter Émwelt ze garantéieren, och dat! Domat hätt d'Gesellschaft eng Upak, fir Drock op d'Politik ze maachen. Esou gesi mir et. Mee esou wäert et mat dëser Verfassungsrevisioun net kommen.

Dës géif eis eng lieweg Verfassung ginn, mat der stänneger Weiderentwicklung vu Rechter, déi d'Leit kënne a kloer viru Gericht a woumat se och e Verfassungsgericht kënne uuffen. Dee Punkt iwwert d'Wichtigkeet vum Accès zum Verfassungsgericht hunn ech schonn a mengem éischten Deel iwwert d'Justiz och hei gesot.

Eng aner wichtig Méiglechkeet, fir d'Rechter an der Verfassung ze stärken, ass d'Wiesselwirkung mat supranationalen Traitéen. A verschiddenen Aweise gëtt vun der Clause pro homine geschwat. Mir hunn dës Clause an eise Text stoen. Domat ass sécher gestallt, dass d'Gerichter bei enger Klo ëmmer déi fir den Individuum favorable juristesche Norm sichen, zum Beispill an internationalen

Traitéen, déi Lëtzebuerg och ratifizéiert huet.

Dës Approche ass natierlech och hëllefreich fir d'Weiderentwicklung vu Rechter. Mee leider wierkt et ganz staark esou, wéi wann d'Verfassungspropas vun der Majoritéit an der CSV éischter geschriwwen gi wier, fir esou mann wéi méiglech Beuegung ze kréien, fir esou mann wéi méiglech Debatt, Evolutioun a soumat och esou mann wéi méiglech Bezuch zu enger Realitéit, eng Realitéit, déi duerch Krisen duerchzu gëtt, op déi mer Äntwerte sichen. An déi Äntwerte fanne mir an dëser Verfassung net!

Mir wäerten eis dann och bei dem Vott enthalten, geneesou wéi bei deenen aneren Dealer, well, wéi Dir wësst, hu mir eng besser Propas.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Oberweis. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegeen, d'Entscheidung, fir fir oder géint déi virleidend Verfassungsrevisioun ze stëmmen, hu mir Piraten jo bekanntlech als basisdemokratesch Partei net eleng getraff, mee, wéi scho bei de viregten Ännerungen, a Consultatioun mat eise Memberen.

Eis Membere kruten déi véier Dossierer zum Vott virgueluecht, esou wéi d'Chamber se och virleien huet, a mir hu gefrot: „Wéi gesitt Dir dat?“ An eis Memberen hu sech domat beschäftegt, kontrovers domat beschäftegt, an hunn zum Schluss gesot, dass een duerfir soll stëmmen. An dat huet sech och mat deem gedeckt, wat de Marc Goergen an ech als Visioun dervun haten, nämlech fir eng Verbesserung vun der aktueller Verfassung ze stëmmen.

Mat dëser haiteger Jo-Stëmm komme mer also der Decisioun vun eise Memberen no. Allerdéngs, an dat hate mer och bei deenen zwou scho gestëmmte Revisiounen schonn ze bemängelen, schwiewen niewent ville positiven Effekter awer och dach e puer Froen am Raum.

U sech war de virleiden Text jo scho bal zum Scheitern verurteilt. An ech mengen, op d'Geschicht wëll ech net méi am Detail agoen, mee et war esou, dass d'CSV hire Support entzunn huet an dunn d'Verfassungsrevisioun quasi dem Scheitern entgéintgaangen ass. Datt du mam Versuch, jiddereen u Bord ze behalen, d'Verfassungsreform zu engem Konsens vum sougenannte „lowest common denominator“ tëschent de Regierungsparteien an der CSV gouf, dat ass och kee Geheimnis.

Dësen Text ass eng Verbesserung, mee en ass awer och nach net perfekt. An net ganz perfekt war sécher och d'Informationscampagne an de Fait, dass zum Schluss de Referendum de Biergerinnen a Bierger awer nach ewechgeholl gouf.

Eng Verfassung stellt d'Häerzstéck vun eise politesche System duer. An duerfir sollt esou en Text, nieft dem Support vun der Majoritéit, enger Zweeddréitel-majoritéit am Parlament, och zousätzlech vun de Biergerinnen a Bierger gedroe ginn.

Am Walkampf ware sech d'Parteien eens. Si haten alleguerten d'Fuerderung no engem Referendum an hirem Walprogramm stoen. A souguer am Koalitionsaccord huet de Referendum seng Plaz fonnt. Haut

muss ee soen, an dat net nëmme par rapport zum Referendum, mee och zu Theeme wéi der Legaliséierung vum Cannabis an dem Zickzackkurs heiansdo, wat d'Coronamessuren ugeet, dass wuel e ganz pregnant Zitat vun engem däitschen Altkanzler nees e bëssen un Aktualitéit gewonnen huet an et nees heescht, Zitat: „Was interessiert mich mein Geschwätz von gestern?“ - Zitat Konrad Adenauer.

D'Biergerinnen an d'Bierger hunn zwar elo nees d'Méiglechkeet, vum 2. bis de 25. März bei hirer Gemeng eng Ënnerschrëft ze hannerloossen, fir e Referendum ze fuerderen, wat d'Kapitel virduen ugeet, mee mir wëssen alleguerten, dass d'Prozeduren ze onpraktesch sinn, fir vu ville Leit wierklech genotzt ze ginn.

Als Piraten begrëisse mir grondsätzlech all d'Méiglechkeeten, déi versichen, d'Biergerinnen an d'Bierger un den Decisiounen ze bedeelegen. Allerdéngs léisst déi Aart a Weis, wéi déi Participatioun am Kader vun engem méigleche Referendum gestallt gëtt, dach ze wënschen iwwer. Esou ass de Fait, dass d'politesch Kommunikatioun ronderëm d'Revisiounen esou schwaach war, dach op e ganz bewosste Choix zréckzuféieren. Méiglechst weening driwwer schwätzen, fir méiglechst weening Géigewand ze kréien, esou bereet ee sécher net de Buedem fir méi Biergerparticipatioun, mee vläicht wëllt een dat jo och einfach net.

D'Spuere vun deem desastréisen Dräimol-Nee vun 2015 hu sécher bei Verschiddene ganz déif Wonnen hannerlooss, aus deenen d'Regierungsparteien hir Lektioenen gezunn hunn. Mee eis politesch Kultur an d'Participatioun vun de Biergerinnen an de Bierger sollten awer net éiweg weider dorënner leiden.

An enger Zäit, an där Transparenz ëmmer méi wichteg gëtt, muss ee sech bei esou engem wichtege Projet wéi der Verfassung dach awer froen, ob ee mam Ausschluss vun der Biergerbedeelegung hei d'Legitimitéit vun der Politik net awer ënnergrueft an esou d'Politikverdrossenheet férdert.

Natierlech kann een elo soen: „Mir haten dach deemools d'Rubrik ‚Är Virschléi‘ an den Owend am Tramsschapp!“ An, jo, et goufen och Broschüre verdeelt. An do muss ee soen, dat si gutt Usätz. Mee dat geet dach einfach net duer! Esou vill Leit hunn ausser där enger dënner Broschür, an där mol net de Verfassungstext drasteet, keng Informatiounen iwwert d'Reforme kritt. Mat enger flächendeckender a fréizäiteger Campagne, do sinn ech mer sécher, hätten d'Versprache vun de Walprogrammer an dem Koalitionsaccord kenne gehale ginn an d'Revisiounen an engem Referendum vun de Biergerinnen an de Bierger mat breeder Majoritéit kënne ugeholl ginn.

D'Biergerinnen a Bierger kënne méi, wéi Dir hinnen zoutraut, léif Kolleginnen a Kollegeen. Mee d'Realtéit gesäit den Ament eeben anescht aus. An esou bleift de Leit elo näischt aneres, wéi sech an enger kuerzer Zäitfënster ëmmer nees perséinlech op de Gemengen anzeschreiwen, wa se dann un engem Referendum interesséiert sinn.

Dat ass alles anescht wéi praktesch a férdert net d'politesch Participatioun, déi dach am Contraire einfach gestalt sollt ginn an am beschte Fall nach Spaass maache kéint. Déi aktuell Prozedur si wäit vun der Realitéit vu berufstätege Persounen ewech. An esou gouf hei



och eng Chance verpasst, fir ze moderniséieren. Well et hätt een dach déi Stëmme ganz einfach op elektronischem Wee kënnen sammelen, wann een d'Texter ugepasst hätt. Mee dat gouf net gemaach. Wa mer d'Majoritéit fannen, fir d'Verfassung ze änneren, hätt mer och d'Majoritéit fonnt, fir déi Texter unzepassen!

A wat da geschitt, wann een d'Prozeduren esou komplizéiert mécht, ass, datt just déi, déi wierklech radikal géint eppes sinn, sech nach investéieren. Dat huet een dann ënner anem am Tramsschapp gesinn, well déi mat deene méi haarde Stëmme héiert ee schlisslechen ëmmer. An dat ass wierklech schued, well dës Verfassungsrevisioun beinhalt eigentlech vill gutt Usätz. Natierlech ass et begrëssenswäert, datt hei fundamental Rechter an d'ëffentlech Fräiheeten an eiser Verfassung verankert a virun allem moderniséiert ginn. Et ass wichteg, datt d'Kannerrechter gestärkt ginn, an och, datt gewësse Poleemiken ëm dës Passagen hoffentlech endlech bäigeluecht konnte ginn. Mee wann ech haut nogelauschtert hunn, hunn ech d'Gefill, datt déi Poleemiken nach e puer Wochen a Méint wäerte schweelen.

D'Wuel vun de vulnerabelste Membere vun eiser Gesellschaft an net iergendeng Form vu gefaarter staatlecher Amëschung stinn hei ganz kloer am Vierdergrond. Och d'Staatsziler, déi eng Plaz an der Verfassung kréien, fanne mir Piraten immens luewenswäert. Esou kréien ënner anem jo den Droit au travail, d'Lutte géint de Klimawandel an

E Problem vun de Staatsziler bleift awer, an dat gouf haut och schonn ugeschwat, datt se bekanntlech net ageklot kënnen ginn, soudatt ofzewaarden ass, ob se tatsächlech eppes bréngen oder ob se just als eidel Bekenntniserklärung wäerten déngen, déi awer schlussendlech zu kengen Ännerunge wäert féieren.

Mir Piraten erhoffen eis natierlech de Géigendeel, nämlech datt déi zukünfteg Politik hir Aarbecht op dës Ziler ausricht. An dofir wier et jo nawell eng Iddi, wann een an Zukunft op der Affiche d'évaluation d'impact och misst ugin, ob de jee-weilege Projet de loi am Aklang mat de Staatsziler ass oder net.

Eng entspreichend Motioun, Här President, hunn ech haut och direkt matbruecht an ech ginn lech déi dann.

#### MOTION 1

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

- dass haut mam Dossier parlementaire n° 7755 déi dréit Revisioun zur Verfassung an der Chamber gestëmmt gëtt;

- dass mat der „Section 4. - Des objectifs à valeur constitutionnelle“ Staatsziler an d'Verfassung encadréiert ginn;

- dass dës Staatsziler als Orientéierung fir déi zukünfteg Politikgestaltung fungéiere sollen, dass dës Staatsziler net aklobar sinn.

Aus dëse Grënn invitéiert

Trotz de genannte gudde Punkte bleiwen awer dann och eng Rei Punkten, déi problematesch sinn an an noer Zukunft nach missten ugepasst ginn, wéi zum Beispill d'Formulatioun, Zitat: « Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi ».

D'Verfassungsrevisioun gëtt mam Narratif vun enger Moderniséierung promovéiert. Mee ass et da modern, bal d'Hallschent vun de Leit hei zu Lëtzebuerg mat esou enger Formulatioun mol direkt auszuschléissen? Ech mengen net. Mir froen eis, ob dës Formulierung esou, wéi se do steet, net provokant, voire problematesch ass, wann ee bedenkt, datt hei zu Lëtzebuerg d'Zuel vun de Frontalieren a vun den hei am Land liewende Leit mat auslänneschem Pass einfach immens héich ass. Dës Leit, déi dach esou maassgeblech zu eise Wuelstand bäidroen an ouni déi mir zu Lëtzebuerg e grouse Problem hätten, gi mat dëser Formulierung kategoresch ausgeschloss. Ech si mer sécher, datt hei eng méi weltopen a wëllkomme Formulierung d'Liewensrealitéit an eise Land besser erëmgespigelt hätt.

A beim drëtten Paragraph vum nämmelechen Artikel froe mer eis dann och, wéi sou een hei eng binär Ausleeung muss ënnerhuelen. Wéi sou „les femmes et les hommes“ soen, wann ee mat enger méi neutraler Wuertwiel de ville Fortschreter aus den Gender Studies Rechnung kéint droen an déi eigentlech iwwerkomme klassesch Reduzierung vum Geschlecht op

**M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. Der CSV-Fraktioun stinn nach siwe Minutten zou an den Här Gloden wëllt dovunner profitéieren, fir nach e puer Kloestellungen ze maachen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

**M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Ech hu mer nach eng Kéier erlaabt, hei d'Wuert ze froen, well ech eppes hei net akzeptéieren, an dat ass eng Ausso vun der ADR, datt an dëser Verfassung d'Recht op Liewen net géif drastoen. Fir dat ze behaupten an enger Zäit, wou Dausende vu Leit, well se wëllen hiert Recht op d'Liewen hunn, um europäesche Kontinent flüchten a wou all déi aner EU-Länner, Lëtzebuerg inclus, alles maachen, datt deene Leit hiert Recht op Liewe respektéiert gëtt, fannen ech staarken Tubak!

An da muss ee sech d'Fro stellen: Wat heescht Recht op Liewen, Här President? Recht op Liewen heescht, datt d'Person e Recht huet op seng physisch a mental Integritéit. Recht op Liewen heescht, datt ech kengem physisch Leed dierf zoufügen. Ech dierf keen torturéieren. Ech dierf kengem en Traitement ginn, wat net human ass a wat degradant wier. An d'Doudesstrof ass verbueden.

Dat sinn d'Komponente vum Recht op d'Liewen. A wann ech op d'Recht vu Liewe pochen: Dat beinhalt och d'Recht ze liewen, wéi ech wëll. A wann ech hei de Vertrieeder vun der ADR héieren ... Am Kader vun der Diskussioun iwwert d'Famill seet d'ADR: „Mir erkennen d'Recht zu verschiddene Liewensformen de Bierger an de Biergerinnen hei zu Lëtzebuerg net un.“

Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, dierf ech dem Här Gloden eng Fro stellen?

**M. Léon Gloden (CSV).** - Nee. Et ass kee Fait personnel.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Et ass kee Fait personnel.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Et ass fir eng Fro - eng Fro.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Nee. U sech gëtt et dat jo och net, eng Fro ze stellen.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, ech hu kee Recht, eng Fro ze stellen. Ech wollt jo just froen, ob ech dierf eng Fro stellen. Den Här Gloden refuséiert.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Nee, den Här Gloden huet schonn dorobber geäntwert.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dat ass ganz schued, Här President.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Genau. Jo. Merci villmools, Här Gloden.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

#### PRISE DE POSITION DU GOUVERNEMENT

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.** - Schéine gudde Mëtteg. Dir Dammen an Dir Hären, dat, wat haut de Mëtten zum Vott steet, ass eigentlech ee vun deene wichtegsten Texter an eise Staat. D'Grondrechter solle jiddwerengem et erlaben, seng Fräiheet an Usproch ze huelen, säi Liewen onofhängeg

no senge Virstellungen ze gestalten an un der politescher Gesellschaft deelzehuelen. Si weisen duerfir dem Staat och d'Limite vu senger Aktioun op, zeechnen awer och Beräicher op, an deenen den ëffentlechen Handlungsbedarf determinant ass, fir datt d'Rechter iwwerhaapt effektiv kënnen sinn.

D'Grondrechter sinn d'Fundament vun eiser politescher Gesellschaft. Datt dat keng eidel Wieder sinn, datt weist zum Beispill och déi rezent Rechtsspriechung vun eise Verfassungsgeriicht, wou explizit op de Rechtsstaat verwiesen gëtt a wou erkläert gëtt, datt deen als vu Grondrechter an demokratesche Prinzipien gedroen definéiert gëtt.

Et kënn deemno och op Notioune a Prinzipien un, déi eis politesch Ambitioune fir d'Gesellschaft ausdrécken, och dann, wa se a priori - an dat ass jo de Mëtte vill diskutéiert ginn - als symbolesch kéinten analyséiert ginn. Ech sinn der Meinung, datt déi Prinzipien am Fräiheetlechen wéi och am Sozialen esou staark wéi méiglech an der Verfassung solle verankert ginn.

Wéi de Rescht vun der proposéierter Verfassung ass och dës Kapitel d'Resultat vu laangen Diskussiounen, vu laangen Aarbechten an der Chamberskommissioun an der och net ëmmer evidenter Sich no engem Kompromëss. Verschiddene Fortschreter wëll ech awer ausdrécklech begrëssen an de Membere vun der Chamberskommissioun elo scho Merci soen, datt si och schonn nach nom Ofschluss vun den Aarbechte prett waren, nei Garantië virzegesinn.

Esou ass, wéi et schonn erwähnt gouf, eise Grondrechtskatalog duerch en Ugläichen un d'Garantië vun der Mënscherechtscharte vun der Europäescher Unioun op verschiddene Punkten aktualiséiert ginn, dorënner de Schutz vun der Mënschewürd, den Dateschutz, d'Petitiounsrecht oder och nach d'Recht op Asyl.

Dat sinn absolutt begrëssenswäert Fortschreter. All Mënsch, egal, wéi engem Geschlecht zougehéiereg, huet an Zukunft der Verfassung no nieft dem Recht op de Schutz vum Privatlewen och d'Recht, eng Famill ze grënnen. Au vu vun der Legislatioun, déi et schonn hei zu Lëtzebuerg gëtt, déi et schwulen a lesbesche Koppele erlaabt, sech ze bestueden, kann ee soen, datt dës Acquisen duerch deen heiten Text nach eng Kéier verstärkt ginn.

D'Suerg, doduerch misst ee Fuerderunge betreffend d'Fro vun der Leihmutterchaft zum Beispill Rechnung droen, deelen ech net. Natierlech kann d'Verfassungsrechtlech Unerkennung vun engem Recht verschidde Leit animéieren, e Recours ze maachen. An dat ass och gutt esou. Jiddwereen huet e Recht dozou, seng Demanden anzekloen, ouni datt mer eis awer ëm d'Kanner an d'Fräi-rechter musse Suerge maachen. Déi hei unerkannte Rechter hunn all schonn en europäeschen oder internationale Pendant. An d'europäesch Rechtsspriechung an der Matière imposéiert net d'Unerkennung vun zum Beispill der Leihmutterchaft.

Dat erlaabt mer, op en zweete wichtige Punkt zrëckzekommen, de Prinzip vun der Primautéit vum Interêt vum Kand. Dës Prinzip sollt uganks zu de verfassungsrechtlechen Objektiv zielen, ass awer am Endeffekt als Droit à part entière consacré ginn, eppes, wat och an der Positioun vun der



Den Här Sven Clement (Piraten)

den Droit au logement de Status vun engem Staatszil. Allerdéngs ass hei ze bemerken an ze bedauern, datt keng Referenz zur Bekämpfung vun der Aarmut, vun den Inegalitéiten tëscht de Geschlechter an en gros näischt zur Förderung vun der sozialer Kohäsioun als Staatszil festgehale gouf.

An Zäite vun enger steigender Prekaritéit an ëmmer méi grouse Verdeelungsongerechtegkeete fanne mir Piraten dat zudéifst bedauernswäert a gesinn doranner eng traureg Kontinuitéit vum Status quo.

Datt d'Promotioun vum Dialogue social als Staatszil unerkannt gëtt, ass dann awer nees immens ze begrëssen. D'Sozialpartner stellen nämlech en zentrale Piler vun eise gesellschaftlechen Zesummenhalt duer. An esou ass et wichteg, datt si hir Plaz an der Verfassung fonnt hunn, soudatt se hire Rôle och nach an Zukunft kënnen ausüben.

*d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:*

- d'Fiche d'évaluation d'impact vun zukünftige Gesetzesprojeten duerch eng weider Rubrik „Objectifs à valeur constitutionnelle“ ze ergänzen, fir allkéiers ze evaluéieren, awéifern d'Projete mat den neie Staatsziler am Aklang stinn.

(s.) Sven Clement.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

**M. Sven Clement (Piraten).** - Net nëmme géif dat e wichtige Bäitrag zur Transparenz leeschten, mee d'Parlament kéint och a senger Kontrollfunktoun nach eng Kéier gestärkt ginn, soudatt mer vläicht wierklech kéinten, wéi d'Rapportrice, d'Madamm Beissel - där ech Merci soe fir hire ganz ausféierleche Rapport -, op „Chamber aktuell“ am November nach sot, mat där Verfassung zum Peloton de tête gehéieren, nämlech dee vun deene moderne Länner.

just weiblech oder just männlech hätt kënnen hanner sech loossen? Och mat dëser Formulierung, dat muss ee kloer soen, gëtt der Liewensexistenz vu ville Leit net méi Rechnung gedroen. An dat bedauern ech immens.

Et bleift also vill Potenzial fir nach zukünfteg Verbesserungen. A wa mer haut dëser Verbesserung vum aktuellen Text zoustëmmen, da soll dat also net heeschen, datt een net nach méi änneren misst an Zukunft. Mir wëssen, datt dësen Text d'Resultat vu laangen Diskussiounen an nach vill méi Kompromësser war. An dofir wäerte mer dësen Adaptatiounen net am Wee stoen, och wa mer hei nach Aarbecht gesinn.

Wéi scho gesot, mir hunn eis Membere matentscheede gelooss. Si hunn déi nämmelech Entscheedung geholl wéi de Marc Goergen an ech. An dofir stëmme mer mat Jo.

Ech soen lech Merci.



Regierung monéiert gouf a wat ech expressis verbis begreifen.

Ech hunn e kleng Bemoll, en ass och schonn ugeklungen de Mëtten: Ech hätt wierklech och eng Virleift gehat fir déi Notioun vum „intéret supérieur“ vum Kand, fir all Interpretatiounsformen ze vermeiden. Den „intéret supérieur“ vum Kand ass déi Notioun, déi mer an allen Texter erëmfannen.

Et ass awer gutt, datt mer deen Interêt hei consacrieren, well en l'absence vu spezifesch Kannerrechter soll awer an all Fro, wou si concernéiert sinn, den Impakt vun der Decisioun op d'Kand als ieweschst Consideratioun gekuckt ginn. Dacks brauche Kanner duerch hir per se vulnerabel Situatioun eng spezifesch Protektioun, déi nach net all applikabel Legislatioun virgesäit. Mat deem generelle Prinzip ass kloer, datt d'gesamt Reegel- a Gesetzwierk muss an deem Sënn interpretéiert an applizéiert ginn. Et ass e ganz, ganz grouse Fortschritt am Sënn vun de Kannerrechter zu Lëtzebuerg.

Wann dës effektiv, wéi vun der Mënscherechtskommissioun oder dem Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher gefuerdert, alleguer explizit an de Verfassungstext hätte kënnen integréiert ginn, esou dréit dësen iwwergeuerdente Prinzip awer scho ganz vill Potenzial a sech.

Och d'verfassungsrechtlech Objektiv si grundleeënd positiv ze gesinn. Effektiv hunn déi Objektiv par définition net dee selwechte Wäert wéi e Grondrecht. Effektiv kann een dat am Sënn vu permanent méi staarke Garantie soulaang bedauern, wéi d'Grondrecht net consacréiert ass.

De Réckgrëff op d'Notioun vum verfassungsrechtlechen Objektiv erkläert sech allerdéngs och doduerch, datt hei soll d'Wichtigkeet vun enger Revendicatioun unerkannt ginn, ouni awer dem Staat eng absolut Obligatioun ze imposéieren, wéi zum Beispill beim Recht op d'Wunnen, dat effektiv keen oder nach kee Grondrecht ass, quitte datt de Fait, datt all Mënsch eng Plaz fir ze wunne muss hunn, e politesch Zil vum Staat ass. Fir d'Recht op Schaffe gëllt Änlech.

D'Rechter, déi de Staat garantéiert, muss en och respektéieren kënnen. D'Objektiv sinn nawell als Zilsetzung ze begreifen, och wat den Ëmweltschutz an natierlech den Accès zu Kultur an de Schutz vum Patrimoine ugeet.

Den Text huet allerdéngs och - Mënschrechtsexperten hunn et iwwer Joren ënnerstrach - seng Limiten. D'Regierung huet eng Partie vun deene Limiten an hirer complementaire Prise de position ugedeit. Ech bedauern natierlech, datt dës net komplett Rechnung gedroe gouf, well mer eis dofir selwer och op déi gëllend europäesch an international Dispositiounen a Rechtsspriechunge baséiert hunn.

Dat gëllt - ech wäert der elo zwee kuerz ervirsträichen - fir de Gläichheitsprinzip an d'Recht op Liewen. Déi Proposition, iwwert déi Der de Mëtten ofstëmmt, gesäit vir, datt all d'Lëtzebuerg gläich sinn. Dat iwwerrascht an deem Sënn, datt all europäeschem an internationalem Vertrag no, dee Lëtzebuerg ratifizéiert huet, net just all Lëtzebuerg, mee natierlech all Persoun, iwwert déi d'Juridictioun ausgeübt gëtt, d'Recht op Gläichheet huet.

D'Méiglechkeet vun engem differenziellen Traitement, och op

Basis vun der Nationalitéit, ass net dat selwecht wéi de Gläichheitsprinzip. D'Verfassungsgarantie op Lëtzebuerg limitéiert hält den europäeschen an internationale Virschäfte gläichlecherweis - an dat ass de Mëtten ugeklungen - näischt vun hirem Wäert ewech. Mee esou wéi an der Regierungsposition geschriwwen, bleift d'Interrogatioun, wéi sou d'verfassungsrechtlech Garantie selwer op Lëtzebuerg limitéiert bleiwe soll.

Nach eppes, wat mer an der Regierungsposition erwänt haten, ass d'Recht op Liewen. Et ass dat Recht, vun deem senger Effektivitéit all déi aner ofhänken, déi eischt vun de fundamentale Mënscherechtsvertrag geschützte Rechte - an awer ass et net an der Lëtzebuerg Verfassung. Et ass e Recht, dat natierlech géint direkt Attacken op d'Liewen duerch de Staat gëllt, mee och besonnesch a Beräicher wéi zum Beispill der Traite relevant ass.

D'Lacune ass awer och hei nëmme relativ an deem Sënn, datt souwuel de Gläichheitsprinzip wéi d'Recht op Liewe vun allen en la matière relevanten europäeschen an

freschen Acquisen ze verbannen a Kloerheet ze schafen.

D'Zukunft schléisst net aus, datt nach weider Schrëtt no vir gemaach ginn. An d'Kritiken hunn opgezeechent, wou dee Wee kéint higoen. Nawell huet d'Chamberskommissioun reell Efforte gemaach, fir de Grondrechtskatalog op de leschte Stand ze setzen. An ech begreifen dës Fortschritte ausdrécklech am Numm vun der Regierung!

E ganz, ganz grouse Merci un d'Rapportrice, d'Simone Beissel, an all d'Membere vun der Kommissioun an natierlech och un all d'Mataarbechter an awer och un all d'Redakteren, d'Auteurs vun den Avisen, déi zu där Diskussioun hei bäigedroen hunn.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Madamm Justizministesch. Da freet den Här Kartheiser Parole après ministre.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo. Villmools merci, Här President. Ech mengen, ech wéilt op zwee Punkten agoen, déi d'Madamm Tanson, d'Madamm

nimmt gëtt. Firwat kënnen mer d'Lëtzebuerg an d'Ausländer net gläich behandelen? Ma well mer einfach völkerrechtlech net onbedéngt kënnen d'Ausländer mat deene selwechte Rechte a Flichte befaassen wéi d'Lëtzebuerg, well hir intern Rechtsuordnung et eventuell verbitt.

Dat ass jo eeben ... Si hunn einfach en anere Statut, well den Ausländer an eisichter Hisiicht eng Loyautépflicht huet duerch seng Nationalitéit géintwuer dem Staat, deem en ugehéiert. An dat ass en Argument, wat dacks net gesi gëtt. Mir kënnen zum Beispill net eng Walflicht ouni Weideres an eise Land engem Ausländer operleeën. Mir kënnen net zum Beispill ... Mir hu jo och gesinn, wéi séier déi international Situatioun oder d'Sécherheetssituatioun elo ännert an der Ukrain, wou mer vläicht iergendwann eng Obligation militaire missten aféieren, just als Spekulation. Mir kënnen jo net mat « tout le monde est égal devant la loi » op eemol auslännesche Matbierger eng Militärobligatioun operleeën an aner Fäll méi.

Ech mengen, et ass jo net esou, datt mer wéilt den aneren diskriminéieren, anescht be-

ze verwiessele mat deene Limitatiounen, déi zu deem Prinzip kënnen geholl ginn. An dat ass jo och an der Verfassung virgesinn.

Natierlech heescht dat net, datt dat eng absolut Situatioun ass. Dat gesi mer jo am Alldag. Et gëtt ëmmer ënnerschiddlech Traitementer. An et ass net just par rapport zu den Ausländer, wou dat de Fall ass, dat kann einfach eng ënnerschiddlech Situatioun och sinn, soudatt ech wollt drop opmierksam maachen, an dat wëssen och all déi aner heibanen, déi och dorunner matgeschafft hunn, datt mer déi Obligatioun souwiso hunn.

Et ass jo och gesot ginn, mir wësstet dat a mir géifen deenen Obligatiounen och ënnerleien. Et wier eeben a mengen Aen, wat eeben och am Positionnement vun der Regierung stoung, gutt gewiescht, wa mer dat esou an den Text do drageschriwwen hätten. Méi ass et net.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools fir déi Präzisatiounen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Ier mer elo zum Vott kommen, wollt ech drun erënneren, datt ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kënnen mat ofzestëmme.

**Une voix.** - Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.** - Mir kommen elo zum eisichte Vote constitutionnel iwwert d'Proposition 7755. Den Text steet am Document parlementaire 7755<sup>12</sup>. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

## PREMIER VOTE CONSTITUTIONNEL SUR LA PROPOSITION DE RÉVISION DE LA CONSTITUTION 7755

D'Ofstëmme fänkt un.

De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 46 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugehall.

**Ont voté oui :** Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

M. Dan Biancalana, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

**Ont voté non :** MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

**Se sont abstenues :** Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Et ass also esou decidéiert.

## MOTION 1

Da komme mer nach zum Vott vun der Motioun, déi vum Här



D'Justizministesch, d'Madamm Sam Tanson

internationalen a vu Lëtzebuerg ratifizéierten Traitéen - d'Madamm Beissel hat et ugeschwat - garantéiert ginn an deemno applikabel sinn.

Et bleift awer, datt op dese Punkten déi nei Lëtzebuerg verfassungsrechtlech Garantien net explizit virgesinn, wat d'internationalt Recht als Minimalgarantie gesäit.

Fir de Bierger kann de Problem doduerch geléist ginn, op déi europäesch an international Dispositiounen zréckzegräifen. Et wier eventuell nach besser gewiescht, de Bierger kéint déi Garantien och schonn a senger nationaler Verfassung erëmfannen.

Dat bréngt mech op méi eng generell Remark: D'Verfassung, besonnesch, wat déi doran opgeléichte Grondrechter betrëfft, ass vill méi wéi eng Serie vu juristeschen Dispositiounen. Si ass en Deel vun der politescher Gesellschaft, en Instrument, dat all Mënsch, deem hei wunnt, sech uneegne kann a wat och, iwwer provisoresch politesch Desaccorden ewech, eise fundamentale Konsens bleift.

Och dofir ass et wichteg, ambitiéis ze bleiwen a sech ze trauen, seng Ambitiounen néierzeschreiwen. D'Angscht virun engem Recours zum Beispill soll net derzou féieren, e Recht net unzuerkennen, mee eis animéieren, et mat eise spezi-

Justizminister, elo hei ernimmt huet.

Deen eisichte Punkt ass deen ...

Ech weess net, ob ech soll waarden, bis d'CSV mat hiren internen Deliberatiounen faerdeg ass, Här President. Et géif mer et méi einfach maachen, mech ze konzentrieren.

(Interruptions)

Mee ech schwätzen alt emol virun.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Loosst lech emol net stéieren, Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, ech probéieren, Här President.

Deen eisichte Punkt ass dee vum Recht op Liewen. Et ass esou, datt ech der Madamm Tanson do ausdrécklech Recht ginn, wat jo och d'Mënscherechtskommissioun gesot hat: « Quant à la présence du principe de dignité humaine, ce dernier ne saurait remplacer entièrement la portée du droit à la vie. » Also, ech kann d'Madamm Minister do nëmme ënnerstëtzen an hir felicitéieren fir déi Bemierkung.

Wou ech mat hir awer eng Differenz hunn, dat ass mam Gläichheitsprinzip vun de Lëtzebuerg an den Netlëtzebuerg. An ech soen lech och, firwat. Dat ass eppes, wat an der Diskussioun dacks net er-

handelen, heescht dat, fir e méi schlecht ze behandelen. Et kann een en aneren anescht behandeln aus Respekt virun engem anere Lien de loyauté géintwuer engem anere Land, deem hien duerch seng Nationalitéit muss hunn. An dat ass einfach en Ënnerschied, dat ass net an deem Sënn eeben diskriminéieren, méi schlecht behandelen, mee et ass eng Unerkennung vun engem anere Rechtsstatus.

An deem Sënn ass et nëmme logesch a richtig, datt mer soen: „D'Lëtzebuerg sinn all gläich virum Gesetz“, well sech do dee Problem net stellt, „an d'Ausländer, déi hunn déi selwecht Garantien, awer si kënnen net d'selwecht behandelt gi wéi d'Lëtzebuerg, well se géintwuer anere Staaten nach aner Rechte a Flichten hunn.“ Ech fannen, dat ass eng Consideratioun, déi mer an eise Diskussiounen och sollte matkucken.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. Ech ginn d'Wuert zréck un d'Madamm Ministesch.

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.** - Jo. Just ganz kuerz. Also, mee dat ass jo dat - ech sinn net an den Detail gaangen, well jo scho vill dozou gesot gouf -, wat ech awer ugedeit hunn a mengem Propos: Also de Fait, datt all Mënsch gläich ass virum Gesetz, ass eeben net



Sven Clement déposiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**– Jo. Merci, Här President. Ech géif d'Kolleege vun de Piraten bidden, dës Motioun an d'Institutionskommissioun ze iwwerweisen, well net all d'Implikatiounen direkt erausginn. Et kann een net onbedéngt all Gesetz iwwer ee Leescht zéien. Et gëtt e ganze Koup Gesetzer, déi direkt näischt mat de Staatsziler ze dinn hunn. Hei ass et ganz generell formuliert. Also, d'Propositoun: Mir huelen et fir eng Ronn an d'Institutionskommissioun.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président.**– Här Clement, wannechgelift.

**M. Sven Clement (Piraten).**– Merci, Här President. Ech ka mat där Propos liewen. Ech wëll awer umierken, datt mer och an der Fiche d'évaluation d'impact haut och aner Saachen ufroen, déi net op all Gesetz ëmmer Applikatioun fannen. Wann een nämlech gesäit, wéi oft „non“, „non“, „non“ ugekräizt gëtt, huet dat heiten en Impakt op d'Égalité des genres. Dat ass zum Beispill eng Fro, déi ëmmer drasteet. Do steet ganz heefeg „non“, well et béid Genrë betrëfft. Do ass et dann, mengen ech ... Mee ech sinn absolutt domat averstanen, datt dat doten an d'Kommissioun geet.

**M. Fernand Etgen, Président.**– Merci villmools, Här Clement.

VOTE SUR LE RENVOI DE LA MOTION 1 EN COMMISSION

Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

(La motion 1 de M. Sven Clement est renvoyée à la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle.)

3. DÉPÔT D'UNE DEMANDE D'ORGANISATION D'UN REFERENDUM TEL QUE PRÉVU À L'ARTICLE 114, ALINÉA 3 DE LA CONSTITUTION

Da géif ech dem Här Fernand Kartheiser d'Wuert ginn.

EXPOSÉ

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Jo, Här President, villmools merci. Ech mengen, Dir wësst schonn, heibanne weess warscheinlech jiddereen, wat elo kënnt. Ech mengen, mir hunn et gemaach beim eischten Deel a beim zweeten Deel. A mir maachen et beim drëtten Deel. Elo maache mer d'Prozedur, wéi et an eisem Reglement steet, an, ech mengen, et ass den Artikel 189 iwwert den Député initiateur.

Dir wësst, D'ADR huet de Referendum an hirem Walprogramm gehat. Mir halen eist Wuert. Mir maachen alles, wat mer kënnen, fir datt et zum Referendum iwwert d'Verfassung kënnt.

Eng vun deene Méiglechkeeten, fir dat ze maachen, ass, wann heibannen e Minimum vu 16 Deputéierte sech géif u säi Walversprechen erënneren. Mir maachen dat selbstverständlech als ADR. A mir ginn lech alleguer d'Geleeënheet, dann och Aert Walversprechen anzehalen. Dir kënnt dee Brëif dann, dee mer hei deposéieren, gär ënnerschreiwen. Ech iwwerrechen en dem Här Chamberspräsident fir de Referendum iwwert deen drëtten Deel vun eiser Verfassungsreform.

Ech soen lech villmools Merci.

**M. Fernand Etgen, Président.**– Merci, Här Kartheiser.

(Interruptions)

4. ORDRE DU JOUR

Ee Moment nach, wannechgelift. Et gëtt proposéiert, dee leschte Punkt vum Ordre du jour vu muer, de Projet de loi 7849, no vir ze réckelen, soudatt en als eischte Punkt virun der Aktualitéitsstonn iwwert déi national Waasserversuergung drukënnt. Et gëtt och proposéiert, ouni Debatt nom Rapportier iwwert dee Projet de loi ofzestëmmen.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

**Plusieurs voix.**– Jo, Här President.

(Interruption par M. Michel Wolter)

**M. Fernand Etgen, Président.**– Den Här Wolter.



**M. Michel Wolter (CSV).**– Här President, dans la mesure, wou mer beim Ordre du jour sinn, géif ech am Numm vun der CSV-Fraktioun eng Modifikatioun vum Ordre du jour vun der Sitzung vu muer beantragen. Mir wollte froen, datt d'Regierung muer an d'Chamber kënnt, fir eng Deklaratioun erauszeginn iwwert d'Entwécklung vun de Bensinnspräisser, wéi mer se hei zu Lëtzebuerg kennen.

Mir ginn elo just gewuer, datt no sechs Auer soll annoncéiert ginn, datt de Super 98 ëm 16,7 Cent, de Super 95 ëm 23,2 Cent an - haalt lech un! - den Diesel ëm 38,4 Cent soll an d'Luucht goen. Nodeem den Diesel schonn ëm 18,5 Cent viru fënnf Deeg an d'Luucht gaangen ass, ass dat eng Hausse vu 56,9, also 57, Cent innerhalb vu fënnf Deeg. Dat bréngt mat sech, dass den Diesel op 2 Euro 112 Cent wäert klammen, de Super 98 op 1 Euro 963 an de Super 95 op 1 Euro 890.

Mir sinn der Meenung, datt dat eng seriö Debatt an der Chamber muer géif verlaangen.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix.**– Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**– Merci villmools, Här Wolter. Den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR).**– Här President, am Numm vun der ADR wëll ech déi Propositioun vun der CSV ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président.**– Merci villmools, Här Kartheiser. Mir huelen Akt vun där Deklaratioun vum Här Wolter a mir wäerten dee Message un d'Regierung weiderginn.

Ech wëll och nach vun der Geleeënheet profitéieren, fir d'Chamber ze informéieren, datt eng zousätzlech Sëtzung dës Freideg um 13.30 Auer virgesinn ass, fir iwwert de Projet de loi 7971, iwwert d'Covidgesetz, ofzestëmmen. Dee Projet de loi gëtt nom Modell 1 diskutéiert.

Fir d'éischt emol nach d'Fro: Ass d'Chamber mat deenen Ofännerungen, déi ech hei proposéiert hunn, d'accord?

(Interruption par M. Michel Wolter)

Den Här Wolter.

**M. Michel Wolter (CSV).**– Här President, ech sinn an deem Sënn net domadder d'accord, well den Ordre du jour vun der Chamber, dee gëtt vun der

een u sech eng Invitatioun un d'Regierung net explizitt nach eng Kéier misst ënnerstëtzen, fir zu esou enger Situatioun Stellung ze huelen heibannen. Ech mengen, datt et am Interêt vun der Regierung ass an am Zweifel vum Premier, fir dozou Stellung ze huelen an d'Chamber an och d'Land driwwer ze informéieren, wat d'Regierung sech virstellt.

Also, ech ka mech un Zäiten erënneren, do ass et grav gewiescht, wann d'Energiepräisser ëm e puer Cent geklomme sinn. Hei sinn et net nëmmen e puer Cent, hei sinn et bal 40 Cent aleng um Diesel. Ech mengen, datt dat dote bei ganz ville Leit ganz, ganz wéideet am Portmonni. A mir mussen do definitiv Léisunge mat der Regierung diskutéieren!

An ech mengen, datt dat och heibanne muss stattfannen an net iwwert de Wee vu Pressecommuniquéen oder Pressekonferenzen. Dofir, ech ënnerstëtzen definitiv dem Här Wolter seng Propos.

(Assentiment)

Dat ass de Fall. Dann ass dat esou decidéiert.

Domat si mer um Schluss vun der Sëtzung ukomm. D'Chamber kënnt muer um zwou Auer nees zesummen.

D'Sëtzung ass opgehewen.

(Interruptions diverses)

**Plusieurs voix.**– Nee!

**M. Fernand Etgen, Président.**– Nee a jo.

**M. Michel Wolter (CSV).**– Ass dee Punkt dann elo um Ordre du jour vu muer?

**M. Fernand Etgen, Président.**– Nee, muer hält d'Conférence des Présidents d'Decisioun, datt dee Punkt op den Ordre du jour kënnt.

**Plusieurs voix.**– Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**– Da si mer richteg formell. Fein. Merci villmools fir Aert Versteesdemech.

D'Sëtzung ass opgehewen.

Chamber gemaach, net vun der Regierung.

Mir hunn eng formell Demande, fir den Ordre du jour fir muer ze änneren, well mer, wéi ech dat elo virdru gesot hunn, hei an eng Situatioun kommen, déi eng politesch Debatt erfuerdert. A mir mengen net, datt een déi Debatt kann d'nächst Woch oder d'iwwernächst Woch féieren. Ech sinn der Meenung, datt mer déi wierklech muer solle féieren, à une heure qui convient au Gouvernement, sous une forme, wou mir och domadder d'accord sinn, datt d'Conférence des Présidents muer de Moien nach eng Kéier zesummekënnt, fir ze kucken, wéi et geschitt. Mee ënner allen Ëmstänn hätte mer gären, datt eng Debatt doriwwer geféiert gëtt!

**Une voix.**– Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président.**– Also, Här Wolter, ech wëll lech drop opmierksam maachen an lech informéieren doriwwer, datt mer jo am Ufank vun all Woch d'Disponibilitéite vun de Membere vun der Regierung kréien. An opgrond vun deenen Disponibilitéite wier den Här Turmes, den Energieminister, muer net disponibel. Duerfir musse mer muer an der Conférence des Présidents kucken, wéi dat doten ass.

(Interruption par M. Sven Clement)

Den Här Clement freet d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten).**– Jo. Merci, Här President. Also, ech hu mer virdru geduecht, datt

**M. Fernand Etgen, Président.**– Merci, Här Clement. Ech géif dann der Madamm Tanson d'Wuert ginn.

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**– Jo, pardon. Nee, ech wollt lech just d'Informatioun ginn: Ech hunn den Här Turmes ugeruff. An en arrangéiert elo all ..., dat heescht, e mécht säin Agenda esou, datt en ab 15.00 Auer kéint hei sinn, fir dann dat doten ze maachen.

**Plusieurs voix.**– Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président.**– Merci villmools. Ech mengen, domat wier deen dote Punkt, zum Deel jidd-falls, gekläert. An ech soen der Madamm Tanson Merci fir déi schnell Reaktioun. Dann huet nach d'Madamm Cecchetti d'Wuert gefrot.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**– Jo. Ech wollt awer och soen, datt mir dat doten natierlech och ënnerstëtzen, well mer dat immens wichteg fannen als Diskussioun. Wann den Här Turmes muer kann derbäi sinn, tant mieux. Dat ass eng ganz gutt Saach. A mir soen him dann och scho Merci, datt hie sech arrangéiert huet, fir kënnen derbäi ze sinn.

**M. Fernand Etgen, Président.**– Merci villmools.

Ech froen d'Chamber nach eng Kéier, ob se mat deene puer Propositiounen, domadder, datt mer deen ee Punkt vum Ordre du jour virzéien, nach d'accord ass.



## TEXTE COORDONNE PROPOSE PAR LA COMMISSION DES INSTITUTIONS ET DE LA REVISION CONSTITUTIONNELLE

### PROPOSITION DE REVISION N° 7755 DU CHAPITRE II DE LA CONSTITUTION

Art. 1<sup>er</sup>. Le chapitre II de la Constitution est libellé comme suit :

#### « CHAPITRE II. – DES DROITS ET LIBERTES

#### SECTION 1<sup>RE</sup>. – DE LA NATIONALITE ET DES DROITS POLITIQUES

**Art. 9.**  
La qualité de Luxembourgeois s'acquiert, se conserve et se perd d'après les règles déterminées par la loi.

**Art. 9bis.**  
(1) Les Luxembourgeois jouissent de la plénitude des droits politiques qu'ils exercent dans les conditions déterminées par la Constitution et les lois.

(2) Sans préjudice de l'article 52, la loi peut conférer l'exercice de droits politiques à des non-Luxembourgeois.

**Art. 9ter.**  
La loi règle l'accès aux emplois publics. Elle peut réserver aux Luxembourgeois les emplois publics comportant une participation directe ou indirecte à l'exercice de la puissance publique et aux fonctions qui ont pour objet la sauvegarde des intérêts généraux de l'Etat.

#### SECTION 2. – DES DROITS FONDAMENTAUX

**Art. 10.**  
La dignité humaine est inviolable.

**Art. 10bis.**  
(1) Toute personne a droit à son intégrité physique et mentale.

(2) Nul ne peut être soumis à la torture ni à des peines ou traitements inhumains et dégradants.

La peine de mort ne peut pas être établie.

**Art. 10ter.**  
Toute personne a droit à la liberté de pensée, de conscience et de religion.

#### SECTION 3. – DES LIBERTES PUBLIQUES

**Art. 11.**  
(1) Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi.

La loi peut prévoir une différence de traitement qui procède d'une disparité objective et qui est rationnellement justifiée, adéquate et proportionnée à son but.

(2) Nul ne peut être discriminé en raison de sa situation ou de circonstances personnelles.

(3) Les femmes et les hommes sont égaux en droits et en devoirs.

L'Etat veille à promouvoir activement l'élimination des entraves pouvant exister en

matière d'égalité entre femmes et hommes.

(4) Toute personne a le droit de fonder une famille.

Toute personne a droit au respect de sa vie familiale.

(5) Dans toute décision qui le concerne, l'intérêt de l'enfant est pris en considération de manière primordiale.

Chaque enfant peut exprimer son opinion librement sur toute question qui le concerne. Son opinion est prise en considération, eu égard à son âge et à son discernement.

Chaque enfant a droit à la protection, aux mesures et aux soins nécessaires à son bien-être et son développement.

(6) Toute personne handicapée a le droit de jouir de façon égale de tous les droits.

**Art. 11bis.**  
Tout non-Luxembourgeois qui se trouve sur le territoire du Grand-Duché jouit de la protection accordée aux personnes et aux biens, sauf les exceptions établies par la loi.

**Art. 12.**  
(1) La liberté individuelle est garantie.

(2) Nul ne peut être poursuivi, arrêté ou privé de sa liberté que dans les cas prévus et dans la forme déterminée par la loi.

(3) Sauf le cas de flagrant délit, nul ne peut être arrêté qu'en vertu d'une décision de justice motivée qui doit être notifiée au moment de l'arrestation ou au plus tard dans les vingt-quatre heures.

(4) Toute personne accusée d'une infraction est présumée innocente jusqu'à ce que sa culpabilité ait été légalement établie.

Toute personne doit être informée sans délai des raisons de son arrestation ou de la privation de sa liberté, des accusations portées contre elle et des moyens de recours légaux dont elle dispose pour recouvrer sa liberté.

**Art. 13.**  
Toute personne a droit à ce que sa cause soit portée devant la juridiction prévue par la loi.

Nul ne peut être distrait contre son gré du juge que la loi lui assigne.

**Art. 14.**  
Nulle peine ne peut être établie ni appliquée qu'en vertu de la loi.

Nul ne peut être condamné pour une action ou omission qui, au moment où elle a été commise, ne constituait pas une infraction prévue par la loi.

Nul ne peut être condamné à une peine plus forte que celle qui était applicable au moment où l'infraction a été commise.

**Art. 15.**  
Toute personne a droit au respect de sa vie privée.

**Art. 16.**  
Le domicile est inviolable. Aucune visite domiciliaire ne peut avoir lieu que dans les cas prévus et dans la forme déterminée par la loi.

**Art. 17.**  
Aucun serment ne peut être imposé qu'en vertu de la loi qui en détermine la formule.

**Art. 18.**  
La liberté de manifester ses opinions et la liberté de la presse sont garanties, hormis les infractions commises à l'occasion de l'exercice de ces libertés.

La censure ne peut pas être établie.

**Art. 19.**  
La liberté de manifester ses convictions philosophiques ou religieuses, celle d'adhérer ou de ne pas adhérer à une religion sont garanties, hormis les infractions commises à l'occasion de l'exercice de ces libertés.

La liberté des cultes et celle de leur exercice sont garanties, hormis les infractions commises à l'occasion de l'exercice de ces libertés.



Den Interessi vum Kand gëtt an der Verfassung verankert.

Nul ne peut être contraint de concourir d'une manière quelconque aux actes et aux cérémonies d'un culte ni d'en observer les jours de repos.

**Art. 19bis.**  
Toute personne a le droit, dans le respect de la loi, à la liberté de réunion pacifique. Ce droit ne peut être soumis à autorisation préalable que pour des rassemblements en plein air dans un lieu accessible au public.

**Art. 19ter.**  
Le droit d'association est garanti. Son exercice est régi par la loi qui ne peut pas le soumettre à autorisation préalable.

**Art. 20.**  
Les partis politiques concourent à la formation de la volonté populaire et à l'expression du suffrage universel. Ils expriment le pluralisme démocratique.

**Art. 21.**  
Les libertés syndicales sont garanties.

La loi organise l'exercice du droit de grève.

**Art. 22.**  
Toute personne a le droit d'adresser aux autorités publiques des requêtes signées par une ou plusieurs personnes.

Les autorités publiques sont tenues de répondre dans un délai raisonnable aux demandes écrites des requérants.

**Art. 23.**  
Toute personne a droit à l'inviolabilité de ses communications.

Aucune restriction ne peut être apportée à ce droit, sauf dans les cas prévus par la loi et sous les conditions et contrôles qu'elle détermine.

**Art. 24.**  
Toute personne a droit à l'autodétermination informationnelle et à la protection des données à caractère personnel la concernant. Ces données ne peuvent être traitées qu'à des fins et dans les conditions déterminées par la loi.

**Art. 25.**  
Le droit d'asile est garanti dans les conditions déterminées par la loi.

commerce et de l'industrie ainsi que de la profession libérale et de l'activité agricole est garanti, sauf les restrictions déterminées par la loi.

**Art. 29.**  
Nul ne peut être privé de sa propriété que pour cause d'utilité publique et moyennant juste indemnité, dans les cas et de la manière déterminés par la loi.

**Art. 30.**  
Toute limitation de l'exercice des libertés publiques doit être prévue par la loi et respecter leur contenu essentiel. Dans le respect du principe de proportionnalité, des limitations ne peuvent être apportées que si elles sont nécessaires dans une société démocratique et répondent effectivement à des objectifs d'intérêt général ou au besoin de protection des droits et libertés d'autrui.

#### SECTION 4. – DES OBJECTIFS A VALEUR CONSTITUTIONNELLE

**Art. 31.**  
L'Etat garantit le droit au travail et veille à assurer l'exercice de ce droit.

**Art. 31bis.**  
L'Etat promeut le dialogue social.

**Art. 31ter.**  
L'Etat veille à ce que toute personne puisse vivre dignement et disposer d'un logement approprié.

**Art. 31quater.**  
L'Etat garantit la protection de l'environnement humain et naturel, en œuvrant à l'établissement d'un équilibre durable entre la conservation de la nature, en particulier sa capacité de renouvellement, ainsi que la sauvegarde de la biodiversité, et la satisfaction des besoins des générations présentes et futures.

L'Etat s'engage à lutter contre le dérèglement climatique et à œuvrer en faveur de la neutralité climatique.

Il reconnaît aux animaux la qualité d'êtres vivants non humains dotés de sensibilité et veille à protéger leur bien-être.

**Art. 31quinquies.**  
L'Etat garantit l'accès à la culture et le droit à l'épanouissement culturel.

L'Etat promeut la protection du patrimoine culturel.

**Art. 31sexies.**  
L'Etat promeut la liberté de la recherche scientifique réalisée dans le respect des valeurs d'une société démocratique fondée sur les droits fondamentaux et les libertés publiques.

Art. 2.

(1) La présente loi entre en vigueur le premier jour du sixième mois qui suit sa publication au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg.

(2) A compter du jour de l'entrée en vigueur de la présente loi, toutes les dispositions légales ou réglementaires contraires à la Constitution ne sont plus applicables.

**Art. 27.**  
La sécurité sociale, la protection de la santé et les droits des travailleurs sont réglés par la loi quant à leurs principes.

**Art. 28.**  
L'exercice de la liberté du





# CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

## Compte rendu officiel n° 01 | Session ordinaire 2021-2022

Politique générale sur l'état de la nation  
- Déclaration du Premier Ministre  
- Débat  
Protection des consommateurs

p. 2  
p. 8  
p. 44

Sommaire des séances publiques n°s 1 à 4  
Sommaire des questions parlementaires

p. 48  
p. Q1

1<sup>re</sup> séance  
2<sup>e</sup> séance  
3<sup>e</sup> séance  
4<sup>e</sup> séance

Mardi 12 octobre 2021  
Mercredi 13 octobre 2021  
Jeudi 14 octobre 2021  
Jeudi 14 octobre 2021

Le Président ukrainien s'est adressé à la Chambre des Députés par visioconférence

## « Mir wëlle bleiwe wat mir sinn »



Après son intervention devant le Parlement et le Gouvernement luxembourgeois, le Président ukrainien, M. Volodymyr Zelensky, fut applaudi par l'assemblée.

« Mir wëlle bleiwe wat mir sinn ». C'est avec ces mots que le Président ukrainien, M. Volodymyr Zelensky, s'est adressé aux députés luxembourgeois et aux membres du Gouvernement par visioconférence lors de la séance publique du 2 juin 2022, dans le cadre de la guerre qui oppose l'Ukraine à la Russie.

« Pour la première fois dans l'histoire de notre Parlement, nous accueillons le Président d'un pays en guerre. Ce qui était inconcevable il y a encore quelques mois, est aujourd'hui devenu réalité », a affirmé le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen.

### 20 % du territoire ukrainien sous occupation russe

Le Président ukrainien est revenu sur les hostilités auxquelles son peuple doit faire face depuis le début de l'invasion russe, tout en mettant en évidence qu'elles ont déjà commencé en 2014 lorsque l'armée russe a envahi et occupé la péninsule de Crimée. Entre 2014 et le 24 février 2022, l'Ukraine aurait ainsi perdu 14.000 militaires et 43.000 kilomètres carrés de territoire, a précisé M. Zelensky, avant d'ajouter que 20 % du territoire ukrainien serait sous occupation russe, représentant environ

125.000 kilomètres carrés. 300.000 kilomètres carrés seraient souillés par des mines et des obus non explosés. De même, douze millions d'Ukrainiens auraient été déplacés et cinq millions seraient partis en tant que réfugiés à l'étranger, sous protection provisoire.

M. Zelensky a déploré que la Russie ait complètement détruit le Donbass qui était le fleuron de l'industrie européenne. La ville de Marioupol, où habitait un demi-million d'habitants, était jadis une ville industrielle. Aujourd'hui, celle-ci est complètement détruite et les rues sont un champ de ruines, selon les explications du Président ukrainien. « Pour arrêter la machine de guerre, il faudrait que tout le monde soit uni face à cette catastrophe d'ampleur planétaire qui nous rappelle la Deuxième Guerre mondiale, quand la menace nazie a pesé sur l'ensemble de l'Europe », a affirmé M. Zelensky, appelant à armer davantage l'Ukraine, notamment au moyen d'armes modernes, pour contrer l'ennemi russe. « Il faudrait encore peser plus sur la Russie et commencer à préparer le septième paquet de sanctions », selon le Président ukrainien, en ajoutant qu'il faudrait prévoir aujourd'hui un mécanisme juridique non seulement pour geler ces actifs, mais

aussi pour utiliser ceux-ci en tant que compensation et réparation à tous ceux qui ont subi l'agression russe.

### « Il faut cesser cette guerre d'agression illégale »

« Le combat que mène l'Ukraine à l'heure actuelle contre l'agresseur russe est un combat pour la défense des valeurs européennes que sont la paix, la démocratie, la liberté, la dignité humaine et la solidarité », selon le Président de la Chambre des Députés, qui a appelé la Fédération de Russie à se conformer au droit international humanitaire et à cesser cette guerre d'agression illégale. « Les auteurs de crimes de guerre devront répondre de leurs actes devant la justice », a affirmé M. Etgen, tout en expliquant que la Chambre des Députés a suspendu toutes les relations avec le Parlement de la Russie. « Il est essentiel de trouver une voix commune pour approfondir notre partenariat et aider l'Ukraine à progresser sur sa trajectoire européenne », selon le Président de la Chambre.

### « Une leçon de courage »

Le Premier Ministre, M. Xavier Bettel, a salué la manière et l'énergie avec laquelle le Président et le peuple ukrainiens refusent un destin qu'un voisin

plus grand essaie de leur imposer. « En incarnant cette force de résistance face à un agresseur, vous nous donnez à tous une leçon de courage », a affirmé M. Bettel, en assurant le peuple ukrainien de la solidarité du Grand-Duché de Luxembourg face à l'agresseur russe, aussi bien au niveau humanitaire et financier qu'en équipements de défense et au niveau de la mise en œuvre des sanctions. « Avec ce soutien, le Luxembourg, proportionnellement à sa population, figure parmi les contributions les plus importantes en faveur de l'Ukraine de la part des membres de l'Union européenne », a expliqué le Premier Ministre, avant d'ajouter que quelque 5.500 Ukrainiens, essentiellement des femmes et des enfants, ont trouvé refuge au Grand-Duché de Luxembourg.

### « L'avenir de l'Ukraine est dans l'Europe »

Concernant la demande d'adhésion de l'Ukraine à l'Union européenne, le Premier Ministre a rassuré que la candidature ukrainienne est quelque chose qui est pris sérieusement au niveau européen. « L'avenir de l'Ukraine est dans l'Europe », a proclamé M. Bettel, assurant que le Luxembourg fera tout pour qu'elle puisse remplir les conditions d'adhésion le plus rapidement possible.



Le Président de la Chambre, M. Fernand Etgen (au milieu), lors de son allocution, entouré du Secrétaire général, M. Laurent Scheeck (3<sup>e</sup> à gauche), du Premier Ministre, M. Xavier Bettel (3<sup>e</sup> à droite), et de membres du Gouvernement

Visite de la Vice-Ministre des Affaires étrangères de la République d'Ukraine

## L'objectif ultime est la paix



La Vice-Ministre des Affaires étrangères de la République d'Ukraine, Mme Emine Dzhaparova, était en visite à la Chambre des Députés.

100 jours après l'invasion russe en Ukraine, la Vice-Ministre des Affaires étrangères de la République d'Ukraine, Mme Emine Dzhaparova, était en visite à la Chambre des Députés le 3 juin 2022 pour une entrevue

avec les membres du Bureau et ceux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile.

Lors de cette réunion qui a eu lieu au lendemain de l'allocution par visioconférence du Président ukrainien, M. Volodymyr Zelensky, à la Chambre des Députés, Mme Dzhaparova a rappelé les défis de son pays de ces dernières décennies. Selon la Vice-Ministre des Affaires étrangères de la République d'Ukraine, l'invasion de la Russie a déjà commencé en 2014 avec l'annexion de la péninsule de Crimée et la guerre dans le Donbass.

À ce moment-là, le Président russe aurait à plusieurs reprises nié la présence de soldats russes dans la région. Cette affirmation du côté russe aurait été un mensonge, toujours selon la Vice-Ministre des Affaires étrangères.

Actuellement, 3.000 localités seraient sous occupation et plus de 12 millions de personnes sont déplacées à l'intérieur du pays. Dans son intervention, Mme Dzhaparova a décrit les atrocités du conflit, les viols, l'endoctrinement, la propagande et les pillages commis par la Russie, mais également l'atmosphère

dans laquelle vivent les habitants en Crimée sous l'occupation russe. Dans ce contexte, un député a soulevé la question de la paix entre les différentes communautés en Ukraine, donc de la paix interne.

Les sanctions prises par les pays soutenant l'Ukraine devraient servir à déstabiliser l'économie russe, a expliqué la Vice-Ministre des Affaires étrangères. Elle a affirmé ne plus avoir d'espoir en ce qui concerne les négociations de paix, vu les antécédents entre la Russie et l'Ukraine. Le seul moyen de pression contre la Russie serait la mise en place des sanctions affaiblissant l'économie russe.

La Vice-Ministre des Affaires étrangères de la République d'Ukraine a également remercié le Gouvernement luxembourgeois pour son soutien à l'Ukraine dès le début de l'invasion.

Vu l'équipement et les capacités militaires réduites dont dispose le Grand-Duché de Luxembourg, un député a souhaité savoir par quels autres moyens le Luxembourg pourrait soutenir l'Ukraine. Selon Mme Emine Dzhaparova, cette aide pourrait prendre la forme de projets humanitaires ou de reconstruction.



Réunion de la Commission permanente de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe

# Vers un quatrième sommet du Conseil de l'Europe



Le président de la délégation luxembourgeoise auprès de l'APCE, M. Gusty Graas, a représenté la Chambre des Députés.

Une soixantaine de parlementaires se sont donné rendez-vous à Dublin le 31 mai 2022 pour une réunion de la Commission permanente de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe (APCE) sous

présidence irlandaise. M. Seán Ó Fearghaíl, Président du Dáil Éireann, et le sénateur M. Mark Daly, Président du Seanad Éireann, ont tenu des allocutions d'ouverture et se sont montrés consternés par rapport aux crimes de guerre commis par la Fédération de Russie.

Les parlementaires ont insisté sur leur soutien inconditionnel envers l'Ukraine pour ce qui est de son adhésion à l'Union européenne.

Dans ses remarques liminaires ouvrant le débat d'actualité sur la préparation du quatrième sommet des chefs d'État et de gouvernement, le rapporteur de l'Alliance des démocrates et des libéraux pour l'Europe (ADLE), M. Jacques Maire, a annoncé « un long chemin qui commence ici à Dublin ». La réunion du Comité des Ministres du Conseil de l'Europe, qui s'était tenue les 19 et 20 mai 2022 à Turin, avait appelé l'assemblée à contribuer à l'organisation de ce sommet qui devrait avoir lieu au plus tard sous présidence islandaise en 2023.

Comme suite aux changements structurels de l'ordre européen, il revient au Conseil de l'Europe de trouver une nouvelle raison d'être. Les trois premiers sommets ont tous été convoqués à des moments charnières où la propagation de valeurs démocra-

tiques respectivement la défense des droits de l'homme était impérative, notamment en 1993, en 1997 et en 2005, et le contexte géopolitique actuel devrait servir d'opportunité pour former un consensus sur la voie à suivre. Il s'agit de faire usage de cet élan pour délibérer au sujet des leçons à tirer de l'exclusion de la Fédération de Russie du Conseil de l'Europe.

Certains intervenants ont plaidé pour une extension des compétences du Conseil de l'Europe, ce qui pourrait s'avérer être un exercice ardu puisque le changement des statuts nécessiterait un consensus difficile à atteindre.

Un autre point thématisé lors de la réunion de la Commission permanente de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe concerne notamment le rapport « Accès à l'avortement en Europe : faire cesser le harcèlement anti-choix » qui a abouti à l'adoption par les parlementaires d'une résolution se focalisant sur la lutte contre les tentatives d'intimidation ou de harcèlement provenant de mouvements anti-choix. Les mesures prises par les États membres devraient s'intensifier en vue de permettre un accès sans danger aux informations ayant trait à l'avortement.

Le genre dans les questions migratoires a été abordé dans un second rapport résultant en l'adoption unanime d'une résolution encourageant à mettre en place des dispositifs pour contrer les inégalités et discriminations basées sur le genre, auxquelles les personnes migrantes sont souvent confrontées.

Afin d'aller à l'encontre de la sous-représentation féminine dans l'élaboration de législations à cet effet, l'assemblée recommande entre autres l'instauration de quotas. Les parlementaires ont par ailleurs débattu de la dépendance involontaire aux médicaments prescrits. Les membres de l'APCE préconisent de considérer les précautions relevées par l'OMS pour remédier à cette problématique et incitent les États membres à mettre en place des lignes directrices au niveau national identifiant les médicaments qui pourraient potentiellement engendrer une dépendance.

L'élimination de la pauvreté des enfants qui perdure en Europe a également été à l'ordre du jour. En vue d'écarter de manière définitive cette extrême pauvreté à travers le monde d'ici à 2030, les parlementaires ont exhorté les membres du Conseil de l'Europe à intensifier leurs engagements pris par le biais de la révision de la Charte sociale européenne de 1996.

## Protection des consommateurs I

**7456 - Projet de loi portant modification :**

**1° du Code de la consommation ;**

**2° de la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments ;**

**3° de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques ;**

**4° de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique ;**

**5° de la loi modifiée du 24 mai 2011 relative aux services dans le marché intérieur ;**

**6° de la loi modifiée du 23 octobre 2011 relative à la concurrence ;**

**7° de la loi modifiée du 23 décembre 2016 sur les ventes en soldes et sur trottoir et la publicité trompeuse et comparative ;**  
**en vue de la mise en œuvre du règlement (UE) 2017/2394 du Parlement européen et du Conseil du 12 décembre 2017 sur la coopération entre les autorités nationales chargées de veiller à l'application de la législation en matière de protection des consommateurs et abrogeant le règlement (CE) n° 2006/2004**

Ce projet de loi a pour objet de mettre en œuvre le règlement (UE) n° 2017/2394 du Parlement européen et du Conseil du 12 décembre 2017 sur la coopération entre les autorités nationales chargées de veiller à l'application de la législation en matière de protection des consommateurs et abrogeant le règlement (CE) n° 2006/2004.

Le règlement à mettre en œuvre définit les modalités de la coopération entre autorités en charge de la protection des consommateurs dans le cadre d'infractions transfrontalières et précise les pouvoirs dont doivent disposer les autorités compétentes.

Les modifications projetées au Code de la consommation visent à doter les autorités en charge d'appliquer la législation des pouvoirs prévus par le règlement (UE) n° 2017/2394. En plus, de nouvelles autorités compétentes sont inscrites au même Code.

Les pouvoirs des autorités compétentes sont précisés par un renvoi direct au règlement (UE) n° 2017/2394 qui les énumère. Il a été choisi de conférer tous ces pouvoirs à toutes les autorités compétentes.

Les pouvoirs d'enquête prévus par le règlement (UE) n° 2017/2394 correspondent aux pouvoirs de perquisition déjà retenus dans le Code de la consommation. La procédure existante sera donc maintenue.

Les pouvoirs d'exécution seront mis en œuvre par des mesures provisoires. À cet effet, les autorités les exerceront par voie d'assignation en référé devant le tribunal d'arrondissement siégeant en matière commerciale. Ces pouvoirs correspondent à l'actuelle action en cessation. L'action en cessation elle-même sera modifiée, sa formulation actuelle ne prévoyant pas explicitement la possibilité de faire interdire une pratique contraire à la législation de protection des consommateurs.

En plus, une ambiguïté au niveau de la procédure d'appel sera corrigée. Pour d'autres pouvoirs, aucune mesure de mise en œuvre n'est nécessaire.

Dépôt par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Protection des consommateurs, le 11.07.2019

Rapporteur : M. Claude Haagen

Travaux de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

(Président : M. Claude Haagen) :

10.12.2020 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

15.01.2021 Adoption d'une série d'amendements parlementaires

21.07.2021 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

30.09.2021 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 14.10.2021

Loi du 19 novembre 2021

Mémorial A : 2021, n° 833, page 1

## Protection des consommateurs II

**7478 - Projet de loi relatif à un contrôle de proportionnalité avant l'adoption d'une nouvelle réglementation de professions**

L'objet de ce projet de loi est de transposer en droit luxembourgeois la directive (UE) 2018/958 du Parlement européen et du Conseil du 28 juin 2018 relative à un contrôle de proportionnalité avant l'adoption d'une nouvelle réglementation de professions. L'objectif général de la directive à transposer est d'assurer un bon fonctionnement du marché unique de l'Union européenne tout en garantissant un haut degré de protection des consommateurs. La directive à transposer établit des règles pour la conduite obligatoire par les États membres d'un examen de proportionnalité avant l'adoption de nouvelles réglementations professionnelles ou la modification de réglementations professionnelles existantes. Le cadre commun pour la conduite des examens de proportionnalité vise l'ensemble des dispositions législatives, réglementaires ou administratives des États membres qui limitent l'accès à une profession réglementée ou l'exercice de celle-ci.

La directive pose le principe que les dispositions restrictives touchant les professions réglementées ne doivent pas être discriminatoires quant à la nationalité ou le lieu de résidence et qu'elles poursuivent un intérêt général. De plus, elles doivent être propres à réaliser l'objectif déclaré et elles ne doivent pas aller au-delà de ce qui est nécessaire pour l'atteindre. Des considérations purement économiques ou administratives ne peuvent en aucun cas justifier des restrictions en matière d'accès à une profession réglementée. Le projet de loi se limite donc à déterminer les modalités pratiques de la procédure liée à cet examen de proportionnalité. Toute disposition, qu'elle soit de nature législative, réglementaire ou administrative, nouvelle ou modificative qui limite l'accès à des professions réglementées ou leur exercice, et indépendamment de son auteur, doit être transmise au point de contact national prévu par l'article 8 du projet de loi. Le point de contact national assure l'échange d'informations sur les matières qui relèvent du présent projet de loi et contrôle les examens de proportionnalité des actes émanant d'organismes professionnels et d'établissements publics. Une commission indépendante de vérification de la conformité de l'examen de la proportionnalité contrôle les examens de proportionnalité relatifs aux dispositions administratives émanant d'un ministre. Elle vérifie également la conformité de l'examen de proportionnalité portant sur les règlements grand-ducaux pris en recourant à la procédure d'urgence. C'est au Conseil d'État d'assurer la vérification indépendante des examens de proportionnalité des projets de loi, des propositions de loi et des projets de règlement grand-ducal.

Dépôt par M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 01.10.2019

Rapportrice : Mme Lydia Mutsch

Travaux de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

(Président : M. Claude Haagen) :

02.12.2020 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

21.12.2020 Adoption d'une série d'amendements parlementaires

25.03.2021 Échange de vues avec le Conseil d'État sur les amendements parlementaires

03.06.2021 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

09.06.2021 Adoption d'une deuxième série d'amendements parlementaires

01.07.2021 Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État

Adoption d'un amendement supplémentaire

21.07.2021 Examen du troisième avis complémentaire du Conseil d'État

07.10.2021 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 14.10.2021

Loi du 2 novembre 2021

Mémorial A : 2021, n° 763, page 1

## Transports internationaux ferroviaires

**7728 - Projet de loi portant approbation des modifications :**

**1° à la Convention relative aux transports internationaux ferroviaires du 9 mai 1980 dans la teneur du Protocole du 3 juin 1999, y compris l'adoption du nouvel appendice H, et des modifications adoptées par la Commission de révision lors de sa 26<sup>ème</sup> session, tenue à Berne, les 27 et 28 février 2018 ;**

**2° aux appendices E et G de la convention précitée, apportées lors de la 13<sup>ème</sup> Assemblée générale de l'Organisation intergouvernementale pour les transports internationaux ferroviaires, tenue à Berne, les 25 et 26 septembre 2018**

Avec son article unique, le projet de loi n° 7728 a comme objectif d'approuver d'un côté les modifications à la Convention relative aux transports internationaux ferroviaires (COTIF) dans la teneur du Protocole du 3 juin 1999, y compris l'adoption d'un nouvel appendice H, et des modifications adoptées par la Commission de révision lors de sa 26<sup>e</sup> session, tenue à Berne, les 27 et 28 février 2018, et de l'autre côté les modifications aux appendices existants E et G, apportées lors de la 13<sup>e</sup> Assemblée générale de l'Organisation intergouvernementale pour les transports internationaux ferroviaires, tenue à Berne, les 25 et 26 septembre 2018.

La 13<sup>e</sup> Assemblée générale de l'OTIF a adopté plus précisément des :

- modifications de la Convention de base,

- modifications de la Convention de base par l'adoption d'un nouvel Appendice H dénommé comme suit : « Règles uniformes concernant l'exploitation en sécurité des trains en trafic international (EST - Appendice H) »,

- modifications au niveau des « Règles uniformes concernant le contrat d'utilisation de l'infrastructure en trafic international ferroviaire (Appendice E - CUI) », et

- des modifications au niveau des « Règles uniformes concernant l'admission technique de matériel ferroviaire utilisé en trafic international (Appendice G - ATMF) ».

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 03.12.2020

Rapporteur : M. Carlo Back

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

(Président : M. Carlo Back) :

01.07.2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

30.09.2021 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 14.10.2021

Loi du 13 décembre 2021

Mémorial A : 2021, n° 931, page 1



## Sommaire

**1. Ouverture de la séance publique**

- M. Fernand Etgen, Président

**2. Clôture de la session ordinaire 2020-2021 et ouverture de la session ordinaire 2021-2022**

- M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

**3. Composition des organes de la Chambre des Députés**

- M. Fernand Etgen, Président

**4. Changements de composition d'une délégation parlementaire luxembourgeoise auprès d'une assemblée parlementaire internationale**

- M. Fernand Etgen, Président

**5. Discours de M. le Président**

- M. Fernand Etgen, Président

**6. Communications**

- M. Fernand Etgen, Président

**7. Ordre du jour**

- M. Fernand Etgen, Président

**8. Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État**

- M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. François Bausch et M. Dan Kersch, Vice-Premiers Ministres ; M. Pierre Gramegna, M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, Mme Carole Dieschbourg, M. Marc Hansen, M. Claude Turmes, Mme Paulette Lenert, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferdin, M. Lex Delles, M. Henri Kox et M. Franz Fayot, Ministres.**

*(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)*

**1. Ouverture de la séance publique**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

**2. Clôture de la session ordinaire 2020-2021 et ouverture de la session ordinaire 2021-2022**

Ech ginn dem Här Premierminister d'Wuert.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Merci, Här President. Frou, lech alleguerten erëmzegesinn! Duerch Arrêté grand-ducal vum 1. September vun dësem Joer huet de Grand-Duc mer d'Délégation de pouvoir ginn, fir d'Chamberssessioun 2020/2021 zou- an d'Chamberssessioun 2021/2022 opzemaachen, konform zum Artikel 72 vun eiser Verfassung. Voilà, dofir wier dat dann heimader och gemaach.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech ginn dem Här Premierminister Akt vu senger Deklaratioun.

D'Session ordinaire 2020/2021 ass domadder ofgeschloss an d'Session ordinaire 2021/2022 ass op.

**3. Composition des organes de la Chambre des Députés**

Ier mer zum eigentlechen Ordre du jour vun haut de Mëtteg kommen, hu mer fir d'éischt eng Rei administrativ Ugeleeënheeten ze reegelen.

**Composition du Bureau**

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Zesummesetzung vum Bureau vun der Chamber.

Den éischte Paragraf vum Artikel 9 aus dem Chambersreglement gesäit Follgendes vir: « Au début de chaque session, la Chambre nomme un Président, trois vice-présidents et neuf membres au plus ainsi que neuf membres suppléants permanents au plus. »

Ech froen deemno d'Chamber, ob se domadder averstanen ass, den Artikel 7 Paragraf 5 vum Chambersreglement ze applizéieren an d'Zesummesetzung vum Chambersbureau vun der leschter Sessioun bäizebehalen.

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

De Bureau bleift deemno fir d'Sessioun 2021/2022 a senger Form bestoen, dat heescht: ech selwer als President; d'Vizepräsidenten: deen éischten den Här Mars Di Bartolomeo, deen zweete Vizepräsident den Här Marc Spautz an den drëtte Vizepräsident d'Madamm Djuna Bernard; d'Memberen: den Här Georges Engel, d'Madamm Josée Lorsché, d'Madamm Martine Hansen, den Här Laurent Mosar, d'Madamm Lydia Mutsch, d'Madamm Lydie Polfer, den Här Claude Wiseler, d'Madamm Simone Beissel an den Här Fernand Kartheiser. Generalsekretär: den Här Laurent Scheeck.

Déi permanent Suppleantë vum Bureau sinn: den Här Gilles Baum, den Här Léon Gloden, den Här Claude Haagen, den Här François Benoy, den Här Sven Clement an d'Madamm Myriam Cecchetti.

Esou wéi den Artikel 10 vum Chambersreglement et virgesäit, gött de Grand-Duc iwwert dës Zesummesetzung a Kenntnis gesat.

**Composition de la Conférence des Présidents**

D'Zesummesetzung vun der Conférence des Présidents huet säit der leschter Sessioun net geännert a si ass deemno zesummegeallt aus mir selwer als President souwéi aus de Fraktiounspräsidenten: der Madamm Martine Hansen, dem Här Gilles Baum, dem Här Georges Engel an der Madamm Josée Lorsché.

**4. Changements de composition d'une délégation parlementaire luxembourgeoise auprès d'une assemblée parlementaire internationale**

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentareschen Delegatiounen ubelaangt, ass folgend Ännerung gaangen: An der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe ersetzt d'Madamm Octavie Modert den Här Marc Spautz als effektive Member. Den Här Paul Galles ersetzt d'Madamm Octavie Modert als Membre suppléant.

Gëtt et dozou iergendwellech aner Ännerungsvirschléi? Ech gesinn, datt dat net de Fall ass.

Ass d'Chamber mat dësen Ännerungen averstanen?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

**5. Discours de M. le Président**

Madamm Maréchale de la Cour, Exzellenzen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Membere vun der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären, et ass haut fir d'éischte Kéier zënter 18 Méint, datt mir erëm an dësem Sall fir eng ëffentlech Sitzung zesumme kommen. Mir sinn erëm heiheim!

Ech si frou, lech an eisem opgefrëschte Plenarsall ze begreissen, mat engem besseren Toun wéi virdun, enger verbesserter Belichtung an neie Still.

**(Hilarité et interruption)**

D'Covid-19-Pandemie ass nach net eriwwer. Just de CovidCheck an d'Impfcampagne erlaben eis et awer erëm, hei am Gebai um Krautmaat ze schaffen.

Eis Zäit am Stater Cercel wäerte mir sécher net vergiessen. De Cercel huet et deem éischte Pouvoir vum Land erméiglecht, seng demokratesch Missionen am Respekt vun de Pandemiemesuren zu all Moment weiderzeféieren. Duerfir nach eemol e grouesse Merci un d'Stater Buergermeeschtesch Lydie Polfer, un de Stater Schäfferot, d'ALAC an all Servicer, déi eis annerhalleft Joer am Cercel gehollef hunn.

**(Applaudissements)**

Dir Dammen an Dir Hären, de Cercel ass zum Symbol vun der Resilienz vun eiser Demokratie ginn. De Krautmaat stoung sengersäits nach ëmmer fir d'Stabilitéit vun eiser Demokratie an déi vun eisem Land. D'Chamber huet während dëser Pandemie, déi nach net eriwwer ass, vill Stärkt bewisen. Vläch ass se als Institution esouguer gewuess.

Am März 2020 gouf eis Welt op d'Kopp gedréint. Och wann den État de crise no dräi Méint eriwwer war, ass d'Urgence fir ze handeln duerno net méi kleng ginn. Villes huet geännert, oft ganz séier.

Mir kommen elo awer an eng nei Phas vun der Pandemie: déi, wou de gesellschaftlechen Zesummenhalt net däerf vergiess ginn; déi, wou mer iw-

wert dee Virus mussen erauskucken, fir déi Stabilitéit, déi eist Land ausmécht, ze garantéieren.

A villen Hisiichte war d'Pandemie bis elo e Revelateur vu Problemer, déi meeschtens schonn do waren an deene mer eis méi wéi jee virdru musse stellen. Mir krute se virun Ae gehalen: Gesondheetsfroen, wirtschaftlech a sozial Froen, ekologesch Froen, gesellschaftlech Froen. D'Pandemie wierkt wéi e Vergrößerungsglas op Problemer, déi et oft scho laang ze léise gëllt.

Hoffnung fannen ech awer, wann ech gesinn, wéi e formidabelt Engagement hei am Land vu jiddweringem an deene leschten 18 Méint gewisen a bewise gouf. An ech weess, datt d'Chamber an Dir all, léif Kolleegen a Kolleeginnen, weiderhin een Deel vun der Léisung wäert sinn, am Respekt, am Debat, an der Oppenheet an an der Solidaritéit.

Ech soen lech Merci an ech kommen elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour.

**6. Communications**

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

Éischtens, d'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

Zweetens, d'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

Drëttens, d'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Wat d'Zesummesetzung vum Comité d'accompagnement à la rédaction du rapport « Travail et cohésion sociale » ugeet, huet d'Präsidentekonferenz festgehalen, datt folgend Deputéiert d'Chamber an deem Komitee vertrieben: den Här Paul Galles, d'Madamm Carole Hartmann, den Här Claude Haagen, den Här Charles Margue, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Sven Clement.

**Communications du Président - séance publique du 12 octobre 2021**

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

**7884 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2016**

*1° instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement,*

*2° modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre*

Dépôt : *Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 15.09.2021*

**7885 - Projet de loi portant mise en place d'un mécanisme de filtrage national des investissements directs étrangers susceptibles de porter atteinte à la sécurité ou à l'ordre public aux fins de la mise en œuvre du règlement (UE) 2019/452 du Parlement européen et du Conseil du 19 mars 2019 établissant un cadre pour le filtrage des investissements directs étrangers dans l'Union, tel que modifié**

Dépôt : *M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 15.09.2021*

**7886 - Projet de loi : 1° modifiant : a) le Code civil ; b) la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ; et 2° abrogeant la loi modifiée du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19**

Dépôt : *Mme Taina Bofferdin, Ministre de l'Intérieur, Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 16.09.2021*

**7887 - Projet de loi relative à la mise en place et la coordination de la politique alimentaire**

Dépôt : *M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, le 16.09.2021*

**7888 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée aux fins de transposer la directive (UE) 2021/1159 du Conseil du 13 juillet 2021 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne les exonérations temporaires relatives aux importations et à certaines livraisons ou prestations, en réaction à la pandémie de Covid-19**

Dépôt : *M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 17.09.2021*

**7889 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du développement de logements du projet « Wältgebond » à Mamer**

Dépôt : *M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 24.09.2021*

**7890 - Projet de loi portant modification du Code du travail en vue d'introduire un dispositif relatif au droit à la déconnexion**

Dépôt : *M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 28.09.2021*

**7891 - Projet de loi portant approbation de la déclaration unilatérale du Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg définissant les modalités de la poursuite transfrontalière en application de l'article 41, paragraphe 9, de la Convention d'application de l'Accord de Schengen du 14 juin 1985 entre les Gouvernements des États de l'Union économique du Benelux, de la République fédérale d'Allemagne et de la République française relatif à la suppression graduelle des contrôles aux frontières communes, signée à Schengen, le 19 juin 1990**

Dépôt : *M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 28.09.2021*

**7892 - Projet de loi portant modification :**

*1° de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;*

*2° de la loi modifiée du 10 juillet 2011 portant organisation de l'Institut national de la statistique et des études économiques et modifiant la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;*

*3° de la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques*

Dépôt : *Mme Taina Bofferdin, Ministre de l'Intérieur, le 30.09.2021*

**7893 - Projet de loi portant modification**

*1° de la loi du 13 mars 2018 portant création d'un Observatoire national de la qualité scolaire ;*

*2° de l'article 6 de la loi modifiée du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves, et portant abrogation de l'article 13 de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse*

Dépôt : *M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 01.10.2021*

**7894 - Projet de loi modifiant**

*1° la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale,*

*2° la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État,*

*3° la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques ; b) la création d'un Centre de gestion informatique de l'éducation ; c) l'institution d'un Conseil scientifique,*

*4° la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental,*

*5° la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental, et abrogeant la loi du 20 juin 2020 portant dérogation : 1° aux chapitres 2 à 3quater de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ; 2° à l'article 5 de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire*

Dépôt : *M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 01.10.2021*

**7897 - Projet de loi portant modification :**

*1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;*

*2° de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ;*

*3° de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail*

Dépôt : *Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 08.10.2021*

*3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :*

**2003 - Demande de pétition publique : Facturation intégrale des frais d'hospitalisation/médecins pour patients Covid-19 volontairement non vaccinés**

Dépôt : *Frederic Braun, le 14.09.2021*

**2004 - Demande de pétition publique : Lutte contre l'incivilité juvénile**

Dépôt : *Safwan Haddad, le 15.09.2021*





**2005** - Demande de pétition publique : Mise à jour du test toxicologique capillaire concernant le THC

Dépôt : Mika André, le 15.09.2021

**2006** - Demande de pétition publique : Trajet Lille–Luxembourg plus rapide

Dépôt : Léo Benkel, le 16.09.2021

**2007** - Demande de pétition publique : E Referendum iwwert ons Verfassungsreform

Dépôt : Gérard Koneczny, le 17.09.2021

**2008** - Demande de pétition publique : Exonération d'impôts lors de la vente d'un bien immobilier hérité à une personne y déclarant sa résidence principale  
Dépôt : Ryan Shepherd, le 17.09.2021

**2009** - Demande de pétition publique : Mise à disposition obligatoire d'une carafe d'eau de robinet dans les restaurants et bars à moitié prix d'une bouteille d'eau commerciale

Dépôt : Ryan Shepherd, le 17.09.2021

**2010** - Demande de pétition publique : Petitioun fir eng Covid-19-Impfung

Dépôt : Jacques Glod, le 18.09.2021

**2011** - Demande de pétition publique : Tests PCR gratuits aux résidents

Dépôt : Celestino Fecchi, le 18.09.2021

**2012** - Demande de pétition publique : Garder la liberté des citoyens de se faire vacciner ou pas

Dépôt : Maria José Cabral Lopes, le 19.09.2021

**2013** - Demande de pétition publique : Pétition pour la vaccination obligatoire Covid-19 de la population

Dépôt : Daniel Miltgen, le 19.09.2021

**2014** - Demande de pétition publique : Fir eng obligatoresch Covid-19-Impfung - Pour une vaccination obligatoire contre la Covid-19

Dépôt : Laurent Thinnès, le 20.09.2021

**2015** - Demande de pétition publique : Waldsterben aufhalten durch konkrete Maßnahmen

Dépôt : Joe Schmit, le 20.09.2021

**2016** - Demande de pétition publique : Compte de paiement de base pour entrepreneurs (personne physique ou morale)

Dépôt : Fabio Gasperoni, le 20.09.2021

**2017** - Demande de pétition publique : Ouverture d'une enquête sur les trainées intensives laissées dans le ciel par des avions non recensés par « Flight Radar »

Dépôt : Fabian Hirtz, le 20.09.2021

**2018** - Demande de pétition publique : Abolition des frais d'agences immobilières pour les locataires

Dépôt : Alessia Mauta, le 21.09.2021

**2019** - Demande de pétition publique : Lutter contre l'appauvrissement des familles de la classe moyenne par des mesures d'équité et de justice fiscale

Dépôt : Allal Boussata, le 21.09.2021

**2020** - Demande de pétition publique : Faire porter aux personnes adultes, sains d'esprit, refusant la vaccination anti-Covid-19, pour des raisons non médicales, les coûts éventuels de leur traitement médical Covid-19 à l'hôpital et les autres coûts engendrés par leur maladie Covid-19

Dépôt : René Hamel, le 22.09.2021

**2021** - Demande de pétition publique : Abolition ou changement du droit d'une ex-femme à une part de la pension de l'ex-mari lors du décès de celui-ci

Dépôt : Patrick Winandy, le 23.09.2021

**2022** - Demande de pétition publique : Retail après 20 h : une nécessité pour une vie décente

Dépôt : Benjamin Reardon, le 24.09.2021

**2023** - Demande de pétition publique : Petition für eine demokratische und öffentliche Debatte zur aktuellen Verfassungsreform mit allen Beteiligten aus der Zivilgesellschaft, über den Inhalt der verbesserten Passagen und das Warum zu den verbesserten Passagen, gefolgt von einem Referendum/Volksabstimmung zu den besagten neuen Verfassungspassagen

Dépôt : Serge Carlo Jochheim-Brandenbourger, le 27.09.2021

**2024** - Demande de pétition publique : Petition zur Gründung eines unabhängigen Covid-Beobachtungs-, Kontroll- und Untersuchungsausschusses, bestehend aus im Vorfeld transparent zur Wahl gestellten und später öffentlich gewählten Personen aus der Zivilgesellschaft

Dépôt : Serge Carlo Jochheim-Brandenbourger, le 27.09.2021

**2025** - Demande de pétition publique : Petition für eine öffentliche Debatte über eine Legalisierung von rekreativem Cannabis in Luxemburg, gefolgt von einem Referendum zur Legalisierung von rekreativem Cannabis in Luxemburg

Dépôt : Serge Carlo Jochheim-Brandenbourger, le 28.09.2021

**2026** - Demande de pétition publique : Fermeture de la 3<sup>e</sup> voie sur l'Autoroute A3 au niveau de l'aire de Berchem

Dépôt : Yannick Sauren, le 28.09.2021

**2027** - Demande de pétition publique : Développer le réseau des transports en commun dans le canton de Remich

Dépôt : Laetitia Tucci, le 29.09.2021

**2028** - Demande de pétition publique : Pétition contre le port du masque obligatoire (Covid-19)

Dépôt : Edmond Fries, le 29.09.2021

**2029** - Demande de pétition publique : Jo

Dépôt : Eliane Mattedi, le 29.09.2021

**2031** - Demande de pétition publique : Einführung einer allgemeinen Impfpflicht, außer aus medizinischen Gründen, gegen Covid-19

Dépôt : André Schmit, le 23.09.2021

**2032** - Demande de pétition publique : Finanzielle Zulage für Menschen, die die Mindestinvalidenrente in Luxemburg bekommen, die momentan 1.600 EUR netto beträgt

Dépôt : Patrick Ulveling, le 30.09.2021

**2033** - Demande de pétition publique : Choix du vaccin contre la Covid-19

Dépôt : Anita Hennus, le 30.09.2021

**2034** - Demande de pétition publique : Rennstrecke/ Piste Circuit

Dépôt : Kevin Raach, le 30.09.2021

**2035** - Demande de pétition publique : Fir ee Referendum iwwert déi nei Verfassung online kënnen ze froen

Dépôt : Luc Deitz, le 04.10.2021

**2036** - Demande de pétition publique : Gratis oder zumindest drei Stunden frei parken dürfen in den Parkhäusern der Krankenhäuser

Dépôt : Paulo Melo, le 05.10.2021

**2037** - Demande de pétition publique : Upasse vun der Vitesstoleranz bei de Radaren. Erhéije vu verschiddenen ATe bei der Vitess, an aner Verstéiss

Dépôt : Gérard Koneczny, le 05.10.2021

**2038** - Demande de pétition publique : Contre le congé supplémentaire pour femmes à cause de la menstruation

Dépôt : Hyacinthe Schmit, le 06.10.2021

**2039** - Demande de pétition ordinaire : Bourse étudiants - Question des diplômes non éligibles

Dépôt : Valérie Manuguerra, le 15.09.2021

**2040** - Demande de pétition publique : Diesel und Benzin

Dépôt : Kevin Raach, le 06.10.2021

**2041** - Demande de pétition publique : Pour l'extension du pass sanitaire au-delà de six mois aux personnes guéries de la Covid-19

Dépôt : Joachim Cour, le 07.10.2021

**2042** - Demande de pétition publique : Steiervignette fir Pendler

Dépôt : Charles Ries, le 07.10.2021

**2043** - Demande de pétition publique : Pour un référendum pour l'interdiction du pass sanitaire (Covid-Check ou équivalent) au Luxembourg

Dépôt : Théophile Guiche, le 07.10.2021

**2044** - Demande de pétition publique : Pétition contre l'obligation de présenter le CovidCheck dans les institutions publiques (les hôpitaux, les écoles, etc.) et les entreprises privées

Dépôt : Catalina-Gina Anton, le 08.10.2021

**2045** - Demande de pétition publique : Le droit fondamental à une aide financière pour la garde des enfants au domicile parental

Dépôt : Steve Schmitz, le 08.10.2021

**2046** - Demande de pétition publique : Wasserstoff anstelle von Batterien als Kraftstoff der Zukunft

Dépôt : Jean-Paul Molitor, le 08.10.2021

**2047** - Demande de pétition publique : Transport scolaire

Dépôt : Luana Valente Dos Santos, le 08.10.2021

**2048** - Demande de pétition publique : QR-Code och fir CovidGeheelten, déi noweislech Antikierper am Blut hunn

Dépôt : Yan D'Amelio, le 08.10.2021

**2049** - Demande de pétition publique : Wale vu Ministeren - Exekutivwale

Dépôt : Claire Gutenkauf, le 08.10.2021

**2050** - Demande de pétition publique : Direkt Demokratie - Entscheidungsfräiheet vum Vollek nom Schwäizer System

Dépôt : Claire Gutenkauf, le 08.10.2021

**2051** - Demande de pétition publique : Ne pas donner le choix aux employeurs d'imposer la vaccination en entreprise

Dépôt : Yannick Astgen, le 08.10.2021

**2052** - Demande de pétition publique : Murets mi-toyens & conflits entre voisins

Dépôt : Carlos Manuel Boucinha Pereira, le 10.10.2021

**2053** - Demande de pétition publique : Contre l'application du régime „CovidCheck“

Dépôt : Laurent Limpach, le 11.10.2021

**2054** - Demande de pétition publique : Fin immédiate du régime CovidCheck/Démission du Gouvernement car totalement discriminatoire envers les non-vaccinés

Dépôt : Jean Marc Graul, le 11.10.2021

**2055** - Demande de pétition publique : Psychologen sollten einen psychologischen Test durchführen um sicherzugehen, dass sie mit Menschen arbeiten dürfen

Dépôt : Lena Thill, le 11.10.2021

4) La Conférence des Présidents a retenu que les représentants de la Chambre des Députés au sein du Comité d'accompagnement à la rédaction du rapport « Travail et cohésion sociale » seraient M. Paul Galles (CSV), Mme Carole Hartmann (DP), M. Claude Haagen (LSAP), M. Charles Margue (déi gréng), Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) et M. Sven Clement (Piraten).

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

## 7. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Présidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 8. Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

Dir Dammen an Dir Hären, mir héieren haut de Mëtteg d'Deklaratioun vum Premier- a Staatsminister Xavier Bettel zur Lag vun der Natioun. Här Premierminister, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et deet gutt, nees hei um Krautmaat virun lech schwätzen ze dierfen. D'Chamber ass erëm zréck an hirem Doheem, wou zënter 1860 d'Geschicht vun eiser parlamentarescher Demokratie geschriwwe gëtt.

Obwuel onst Land sech zanter annerhallwem Joer an engem aussergewöhnlechen Zoustand befënnt, huet d'Parlament zu kengem Moment opgehale ze fonctionéieren. Während dem ganze Verlaf vun der Pandemie sidd Dir Ärer Verantwortung nokomm. D'Manéier, wéi mir zesummen dës Kris geréiert hunn, ass quasi eenzegaarteg an Europa. D'Demokratie ass zu Lëtzebuerg net virum Virus an d'Knée gaangen.

Här President, dofir wëll ech lech mäi gréisste Respekt a meng gréissten Unerkennung ausdrécken, stellvertriedend fir déi ganz Chamber, mat all hiren Deputéierten an och all deene Leit, déi net hei an dësem Sall sëtzen, mee ouni déi och d'Chamber net fonctionéiere géif!

Ech wëll och der Stad Lëtzebuerg Merci soen, dass si mam Cercel während esou ville Méint dem Parlament eng Plaz zur Verfügung gestallt huet, wou den demokrateschen Debat an engem wierdege Kader och stattfanne konnt.

Et ass e wichtegt Symbol, Här President, dass mir haut erëm op dëser Plaz zesummekommen. Ee Symbol fir déi nei gewonnen Normalitéit, déi mir ons déi lescht Wochen a Méint haart erkämpft hunn.

Mir hunn e Wee hannert ons, deen alles aneres wéi einfach war.

Och Lëtzebuerg huet Affer ze bekloen. De Virus huet Lächer an onser Mëtt hannerlooss. Mënschen, déi de Covid-19 aus dem Liewe gerappt huet an déi ons batter feelen: Grousselteren, Pappen a Mammen, Bridder, Schwësteren, Frënn, Aarbechtsskollegen oder och nach Noperen. Ech denken un dësem Dag och u si, déi ons fir ëmmer verlooss hunn. Ech denken un hir Familljen, ech denken un hir Frënn an ech denken un hir Bekannten. Mir dierfe si net vergiessen a mir wäerte si och net vergiessen!

Mir sinn dem Enn vun der Pandemie ganz no. Mee mir sinn nach net ganz um Zil ukomm. Ech wäert

selbstverständlech a menger Ried op d'Evenementen vun deene leschten 19 Méint agoen. Et ass wichtig, dass mir haut ufänken, en éischte virsiichtege Bilan vun der Pandemie ze zéien an d'Gestioun vun der Kris opzeschaffen.

Wann ech kucken, wou mir haut stinn, dann dierfe mir an onsen Ustrengungen elo net noloossen. Ze vill hu mir musse bis elo opginn. D'Léisunge leien um Dësch. Ech wäert och a menger Ried dorobber agoen, wéi d'Regierung sech d'Sortie aus dëser Pandemie virstellt: eng Exitstrategie, déi kee Wee zréck wäert sinn, mee e Wee no vir!

Elo, wou mer amgaange sinn, d'Course géint de Virus ze gewannen, ass nämlech de Moment, fir d'Zäit no der Pandemie zesummen ze preparéieren. Déi grouss Erausforderunge vun onser Zäit hu sech déi lescht Méint net a Loft opgeléist. Ganz am Géigendeel! D'Erausforderunge ronderëm de Klimawandel, déi héich Wunnengspräisser an d'sozial Problemer ginn ëmmer méi akut.

Gläichzäiteg huet de Coronavirus onst Liewen nohaleg verännert. Et ass un ons! Et ass un ons, déi richtig Léieren aus der Pandemie ze zéien. Et ass un ons, fir d'Äntwerten op d'Fro ze fannen, wéi mir no der Kris als Gesellschaft fonctionéiere wëllen. Ech denken zum Beispill un eng gesond Work-Life-Balance. Ech denken awer och un d'Digitaliséierung an hiren enormen Afloss op onst alldieglech Liewen.

Wa mir de rasante gesellschaftlechen Entwécklung vun deene leschte Jore wëlle Rechnung droen an déi grouss Defie vun onser Zäit wëllen ugoen, musse mir zesummen och nei Weeër goen. Jo, mir müssen d'Dynamik an den Engagement vun deene vergaangene Méint och mathuelen. Well mir hu gesinn, zu wat mir fäeg sinn, wa mer ons kollektiver Saach verschreiwen.

Mir Lëtzebuurger hunn et bis elo ëmmer fäerdegbruecht, gestärkt aus enger Kris erauszegoen! Well mir net stoe bleiwen. Well mir et woen, nei Weeër zesummen ze goen. Well mir d'Chancë wouerhuelen, déi sech ons op dëse Weeër bidden. Well alles dat zeechent och de „Lëtzebuurger Modell“ aus.

De „Lëtzebuurger Modell“ ass eng Erfolgsgeschicht. Et ass d'Geschicht vun engem Land, dat sech eng aussergewöhnlech ekonomesch, politesch an och sozial Stabilitéit erschafft huet. Et ass d'Geschicht vun engem Land, an deem d'Bierger vu Wuelstand a Liewensqualitéit kënnen profitéieren. Et ass awer och d'Geschicht vun engem Land, wou mir matenee schwätzen amplaz géinteneen ze schaffen. E gutt fonctionéierende Sozialdialog ass och de Garant fir de soziale Fridden. Wann et drop ukënnt, hale mir zesummen!

Mir wëllen an Zukunft och nach méi staark op d'Biergerbedeelegung setzen. Mir wëlle Politik mat de Mënsche maachen. Well et geet um Enn ëmmer ëm de Mënsch an et geet ëm ons gemeinsam Zukunft.

Et kann een déi grouss Erausforderunge vun onser Zäit net getrennt vuneneen ugoen. D'Bekämpfung vum Klimawandel, d'Digitaliséierung, de Logement, d'Sozialpolitik sinn onweigerlech matenee verbonnen. Mir kënnen keng effikass Klimapolitik maachen, ouni mat enger gerechter Sozialpolitik d'Bierger virun den enorme finanziellen Auswierkunge vun der Klimakris ze schützen. D'Digitaliséierung bitt ons grouss Chancen, biergt awer och Erausforderungen. D'Aarbechtswelt wäert sech an deenen nächste Jore massiv verännern. Mir dierfen op dësem Wee och keen zréckloossen. Och de Logement spillt eng wichteg Roll an der Klimapolitik. D'Wunnen ass de Moment awer virun allem e sozialen Ausgrenzungsfacteur!

D'Politik vun haut stellt d'Weiche fir d'Zukunft. Mir decidéieren haut, wéi mir an 10, 20, 30 Joer liewe wëllen. Mir decidéieren haut, wéi eng Welt mir den nächste Generationen hannerloosse wäerten. Mir hunn nach e laange Wee virun ons. Gläichzäiteg bleift ons net méi esou vill Zäit. Mir müssen all dës Erausforderungen elo direkt ugoen, ier et ze spéit ass. De Weltklimarat war a sengem leschte Rapport méi wéi daitlech.

D'Klimakris ass eng Realitéit a si betrëfft ons alleguer. Net an 100 Joer! Och net um aneren Enn vun der Welt. Mee elo direkt an och hei zu Lëtzebuerg!

Am Juli stounge ganz Deeler vun onsem Land ënner Waasser. Héichwaasser an Iwwerschwemmunge gehéiere mëttlerweil zum alljärele Risiko, deem mir wéinst dem Klimawandel och ausgesat sinn. Mir schwätzen net méi vu Joerhonnertkatastrophen. Dofir kommen déi Naturkatastrophe mëttlerweil leider vill ze oft vir.

Et brauch ee sech just déi lescht fënnef Joer unzekucken, fir sech bewosst ze ginn, wéi reell d'Klimakris an hir Auswierkungen zu Lëtzebuerg elo scho sinn. Et grenzt un e Wonner, dass all dës Katastrophe keng Mënscheliwwen zu Lëtzebuerg gefuerdert hunn. An awer ass de Schued immens grouss. Ech wëll op dëser Plaz och onse Rettungsdéngster an de ville Leit Merci soen, déi sech solidaresch mat hire Matmënsche gewisen hunn.





■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - Et sinn d'Eenzelschicksaler, déi mech all-kéiers emotional ergräifen, wann ech bei déi be-traffic Leit ginn. D'Mënsche kréie bannent e puer Stonnen hir Liewensexistenz ënnert de Féiss ewechgerappt. Mir maachen onst Besch, fir hinne finanziell ze hëllefen an ënnert d'Äerm ze gräifen. Mee et ass deen emotionale Schued, dee mir nëmmen schwéier guttmaache kënnen. Wäertvoll Erënnerunge si fir ëmmer zerstéiert. Wat bleift, ass d'Angscht. D'Angscht virun der nächster Naturkatastroph.

Ech erënnere mech un e Gespréich mat enger jonker Mamm aus der Fiels, enger Uertschaft, déi elo schonn e puermol Staarkreen an Iwwerschwemmungen ausgesat war. Dës Mamm huet mir erzielt, dass hir Kanner Angscht hunn, esoubal et e bësse méi staark reent. Si verbannen dee Reen, dee ville Ree mat dem Misär a Leed, wat si an hire jonke Jore schonn zweemol hu mussen matmaachen.

Wat an der Vergaangenheet geschitt ass, kënnen mir net réckgängig maachen. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mir d'Zukunft esou gestalten, dass de Klimawandel net nach méi grousst Leed verursaache wäert. Mir hu kee Choix! Mir hu kee Choix: Mir müssen ons Klimaziler errechen!

De Wee dohinner ass och kloer gezechent: Éisch-tens, mir müssen onsen Ausstouss vun Zäregasen esou reduzéieren, dass d'Äerd sech net weider erwärmt. Zweetens, mir mussen massiv an d'Erfuerschung vun neien an innovativen Technologien investéieren, déi ons op laang Siicht hëllefen, de Klimawandel ze stoppen. Drëttens, mir mussen preventiv Mesuren ergäife géint de Schued, deen d'Äerderwärmung elo schonn urriicht.

D'Zil ass kloer: D'Wëssenschaft seet ons, dass mir bis 2050 klimaneutral mussen ginn, fir d'Äerderwärmung op 2 °C, besser nach op 1,5 °C ze limitéieren. Lëtzebuerg huet sech ambitiéis Ziler gesat: Bis 2030 wëlle mir ons Zäregasemissiounen ëm 55 % reduzéieren.

2030 ass awer eng wichteg Tëschenetapp fir d'Mënschheet. Packe mir et bis dohinner net, ons CO<sub>2</sub>-Emissiounen staark ze reduzéieren, riskéiere mir, dass sougenannt „Kippunkten“ antrieden, déi mir net méi réckgängig kënnen maachen. D'Eweschmëlze vun den Äismassen op den Äerdpolen ass zum Beispill esou e Kippunkt, mat der Konsequenz, dass d'Mieresspigelen e puer Meter uklam-men a ganz Landflächen iwwerschwemmt kënnen ginn. Mir schwätze vun engem massive Verloscht vu Liewensraum fir d'Mënschen, fir d'Déieren a selbstverständlech och d'Natur.

Mir hunn also manner wéi zéng Joer, fir onst Zil bis 2030 ze errechen. Lëtzebuerg ass bereet, déi Verantwortung ze iwwerhuelen. A mir hu scho munches erreecht!

Mir hunn et zum Beispill fäerdegbruecht, ons Pro-duktioun vun erneierbaren Energien an de leschte fënnef Joer méi wéi ze verduebelen. Esou konnte mer dat lescht Joer onst Zil vun 11 % erneierbaren Energie par rapport zum gesamten Energieverbrauch zu Lëtzebuerg errechen. 2020 hunn déi erneierbar Energie fir d'éischte Kéier - fir d'éischte Kéier! - an onser Geschicht den Energiebedarf vun allen Haushalter zu Lëtzebuerg kënnen decken. Fir d'éischt!

D'Experte si sech eens, dass den Ausbau vun den erneierbaren Energie mat dee wichtigste Baustee vun engem effiziente Klimaschutz ass. Do dernieft ass Lëtzebuerg staark ofhängeg vun Energie, déi am Ausland produzéiert gëtt. Den Ausbau vun erneierbaren Energie schount also net nëmmen d'Klima, mee stärkt och ons national Versuerungssécherheet.

Wéi wichteg eng gréisstméiglech national Energieversuerung ass, erliewe mer de Moment hautno. Geopolitesch Ursachen, op déi mir als Lëtzebuerg wierkelech kee respektiv ganz weéng Afloss hunn, provozéieren eng Hausse bei den Energiepräisser. Mir wäerten dës Entwécklung genee am A behalen an deene sozial schwache Stéit mat konkreete Mesuren ënnert d'Äerm gräifen, fir dass si net an d'Energieaarert falen. Ech wäert méi spët drop zrëckkommen.

D'Sonn an de Wand sinn de Schlëssel fir eng nohalteg Stroumproduktioun zu Lëtzebuerg. Mir produzéieren haut dräimol esou vill Wandenergie wéi nach viru fënnef Joer. An och d'Energie, déi mir duerch d'Sonn gewonnen, hëlt vu Joer zu Joer zou. Hei gesi mer e besonnesche Succès bei de Solaranlagen, déi op Halen installéiert ginn. Dësen Erfolleg geet och op ons Decisioun vum leschte Joer zrëck, fir Bedreier vun dësen Anlagen och attraktiv Präisser unzebidden.

Fir onst Zil vu 25 % erneierbaren Energie bis 2030 ze errechen, mussen mir nach méi Surface mobiliséieren, haupsächlech um Daach vun existente Gebaier wéi Büroen, Schoulen a Parkingen. Sonnenenergieprojete sinn och interessant fir privat Investisseuren, um eegenen Daach oder zum Beispill ënnert der Form vun enger Kooperativ.

Nieft den Efforten zu Lëtzebuerg setze mir och op gréisser Investitiounen a Projeten am Ausland. Lëtzebuerg wëllt sech ënner anerem an Energie-Insele mat Offshore-Wandparken an Dänemark oder och an der Belsch bedeelegen.

Lëtzebuerg baut och op de Biogas an de Waasserstoff als alternativ Energiequellen. Nodeems d'Regierung virun e puer Wochen eréischt hir Waasserstoffstrategie presentéiert huet, leeë mir och an noer Zukunft e kloer Fuerplang fir de Biogas vir. Den Ausbau vun erneierbaren Energien ass ëmsou méi wichteg, well d'Nofro un Energie an Zukunft och wäert steigen an ëmmer méi grouss wäert ginn.

Gläichzäitig mussen mir iwwerall do Energie aspueren, wou et méiglech ass. Mir hunn ons d'Zil gesat, ons Energieeffizienz bis 2030 op 40 % bis 44 % par rapport zum Referenzjoer 2007 ze erhéien. Zu Lëtzebuerg verbrauchen d'Mobilitéit, d'Industrie an d'Wunnen déi meescht Energie.

Ëmmer méi Awunner wëllen hiert Haus energieeffizient sanéieren! Am Kader vum Relancepak „Neistart Lëtzebuerg“ hu mir nämlech och e Bonus bei de Subside fir energieeffizient Sanéieren agefouert. 2022 wäerte mer de Subsidieregimm weider vereinfachen, fir dass och eenzel Sanéierungsmesur déi séier kënnen realiséiert ginn.

D'Mobilitéit betrëfft jiddweree vun ons am Alldag. Séier vun A op B kommen, dëst am beschten esou bëlle, esou komfortabel an esou klimafreundlech wéi méiglech, dat ass onst Zil. De Wee dohi ka just a Kombinatioun mat engem performanten öffentlechen Transport geléngen.

Mir hunn am Mäerz 2020 als éischt Land op der Welt den öffentlechen Transport gratis gemaach. Gläichzäitig gehéiere mir och zu deene Länner, déi am meeschten an den Ausbau vum öffentlechen Transport investéieren. An Europa leie mir zum Beispill mat 567 Euro pro Kapp eleng beim Ausbau vum Zuchreseau op éischter Plaz!

Dës Investitiounen fléissen ënner anerem an d'Verduebelung vun der Linn Lëtzebuerg-Beetebuerg, awer och an Opfänparkingene zu Rodange, zu Miersch, zu Ettelbréck, zu Elwen an zu Waasserbëlle. Mir hunn och 34 nei Zich bestallt, déi tëschent 2023 an 2025 wäerte geliiwert ginn. Mat dëser Investitioun erhéije mir d'Gesamtcapaciteit vum Schinnetz ëm ganzer 43 %!

Den Tram firt ewell vum Kierchbierg bis op d'Starter Gare. Den Ausbau a Richtung Bouneweg, Houwald an d'Cloche d'Or leeft op Héichtouren.

Nieft dem massiven Ausbau vum öffentlechen Transport setzt d'Regierung och op Investitiounen an déi duuss Mobilitéit. Mir hunn de Reseau vu Vëlospisten zanter 2015 ëm 92,5 Kilometer op 640 Kilometer ausgebaut. An den nächste Jore wäerten zousätzlech 460 Kilometer Vëlospisten entsto. D'Primm fir d'Vëloen, d'Pedelecken, d'E-Bikes gouf op 600 Euro verduebelt. Bis elo sinn iwwer 50.000 Demandé beim Ëmweltministère erakomm! Dat ass e Beweis fir de Succès vun dëse Mesuren.

Den Auto wäert an Zukunft net aus Lëtzebuerg verschwannen. Och wa mir den öffentlechen Transport an d'Mobilitéit d'wee méi performant gestalten, si mir ons bewosst, dass nach ëmmer vill Mënschen zu Lëtzebuerg op den Auto ugewise sinn. Dofir mussen mer fir dës Leit klimafreundlech a bezuelbar Alternativen zum Verbrennungsmotor schafen.

Ëmmer méi Bierger, Här President, entscheede sech fir en Elektroauto. Zesumme mat Hybridautoe maachen Elektroautoe mëttlerweil ronn 20 % vun den Neimatrikulatiounen hei zu Lëtzebuerg aus. Dat léisst sech engersäits duerch ons staatlech Primmen erklären, déi mir an onsem Relancepak nach eemol op 8.000 Euro erhéicht hunn. Anerersäits gëtt och d'Offer u performanten a bezuelbaren Elektroautoen um Marché ëmmer méi grouss.

En drëtter Facteur fir den Erfolleg vum Elektroauto ass d'Oppluedinfrastruktur. Hei brauche mir ons zu Lëtzebuerg viru kengem ze verstoppen! Mir leien an Europa op der zweeter Plaz, wat d'Oppluedinfrastruktur pro Quadratkilometer ubelaangt. A mir investéiere weider, zum Beispill an d'Installatioun vun 88 Schnellopluedstatiounen. Eleng am Juni dëst Joer goufe ronn 267.000 Kilowatt gréng Stroum op öffentleche Borne getankt. Dat entsprécht ronn 1,6 Milliounen Kilometer, déi elektresch gefuer konnte ginn. Hei op de Borne: 1,6 Milliounen Kilometer, déi konnte gefuer ginn!

Och onse Subsid fir d'Oppluedstatiounen bei Privatpersounen ass e groussen Erfolleg. D'Regierung schafft zousätzlech e Subsideprogramm fir d'Oppluedstatiounen op der Aarbechtsplaz. Dat soll ufanks d'nächst Joer lancéiert ginn.

D'Regierung investéiert dann och weider an eng besser an eng méi sécher Stroosseninfrastruktur. Ënner anerem soll e Contournement d'Uertschaften Housen, Dippech a Käerjeng verkéiersberouegen an esou d'Liewensqualität an d'Sécherheet vun de concernéierte Bierger verstärken.

Ons Economie a besonnesch d'Industrie hunn e groussen Energiebedarf. D'Regierung wëllt si och bei hirer ekologescher Transitoun ënnerstëtzen.

D'Industrie ass bereet, hiren Deel zur Léisung bäize-droen. Ech hunn zwee grouss Betriber aus dem Süde vum Land besicht, déi Glas an Zement produzéieren. Si stelle schonn haut androcksvoll ënner Beweis, wéi d'Energietransitioun an der Industrie ka geléngen. Si moderniséieren hir Produktionsmechanismen a stoussen esou daitlech manner CO<sub>2</sub> aus. Gläichzäitig sécheren hir Investitiounen och Aarbechtsplazen hei am Grand-Duché of.

Mir brauchen nach vill esou Initiativen, fir dass mir ons Klimaziler errechen. Mir brauchen e Klimapak fir d'Betriber. D'Regierung schafft dofir un engem neien Hëllefprogramm, fir déi néideg finanziell Mëttel, awer och Expertis a logistesche Hëllef zur Verfügung ze stellen, fir dass all Betrib, egal ob grouss oder kleng, sech méi klimafreundlech opstelle kann.

Mir wäerten ons Efforten an der Innovatioun a Fuerschung fir méi klimafreundlech Technologie weider verstärken. Dofir huet d'Regierung den Domän vun der nohalteger an der responsabler Entwécklung och als eng vu véier grouse Fuerschungsprioritéiten zrëckbehalen. Op der Uni Lëtzebuerg wäert do-duerch e véierten interdisziplinären Zenter geschafe ginn, dee sech mat nohalteger Entwécklung soll beschäftegen.

De Staat huet eng Virreiderroll am Klimakampf! E muss senger Virbildföncioung gerecht ginn an de Bierger an den Entreprene de Wee Richtung Klimaneutralitéit virweisen. De Staat a seng Servicer müssen an den nächste Gang schalten an hir Efforte beschleunegen. Et gëtt nach ëmmer ze vill öffentlech Gebaier, déi net energieeffizient sanéiert goufen. Et gëtt nach ze vill öffentlech Daachflächen, op deene mir keng Fotovoltaikpannoen instal-léiert hunn. Haut nach!

Gläichzäitig bremse vereenzelt Prozedure privat Klimainitiativen aus. D'Regierung wäert dofir och en interministeriellen Aarbechtsgrupp opstellen, deen als Aufgab huet, de Staat a seng Prozeduren op onnéideg Bremsen am Klimaschutz ze iwwer-préieren. Dësen Aarbechtsgrupp soll e Mesurékatalog ausschaffen, deen et eis erlaabt, d'Klimapolitik ze beschleunegen.

Eng konkret Mesure ass zum Beispill d'Mise en place vun engem Guichet unique als eenzeger Ula-fstell, fir d'Geneemegungsprozedure vun Energieprojeten daitlech ze vereinfachen.

D'Regierung, Här President, wäert och als éischt europäesch Land e sougenannten Nohaltegkeets-check fir zukünfteg legislativ a reglementaresch Texter aféieren. Mir sinn drop an drun, dëst Instrument ze finaliséieren, dat ons eeben erlabe wäert, ons eege Gesetzter méi nohalteg kënnen ze gestalten.

Mir sinn e relativ klengt Land. Lëtzebuerg dréit just zu engem Brochdeel zu de weltwäiten CO<sub>2</sub>-Emissiounen bäi. Mir wäerten d'Klimakris net eleng stoppe kënnen. Dat soll awer keng Entschëllegung sinn, fir net onsen Deel zur globaler Léisung bäize-droen an och Virreider ze sinn.

D'Weltklimakonferenz am November zu Glasgow ass richtungsweisend. Lëtzebuerg ass bereet, méi Verantwortung ze iwwerhuelen. Lëtzebuerg verlaangt awer och vun der internationaler Gemeinschaft e méi engagéiert a solidarescht Virgoen an der Klimakris. Mir kënnen de Kampf géint de Klimawandel just als géeeente Welt gewonnen. Mir erhoffen ons vun der Weltklimakonferenz konkret Léisungspiste fir e méi effikasse Klimaschutz op globalem Niveau. D'Weltklimakonferenz ass awer och e ganz symbolescht Evenement. D'Welt a ganz besonnesch déi jonk Generatiounen kucken op ons.

Mir kënnen net vun de Bierger verlaangen, dass si hiert Liewen ëmstellen, wa mir als Staat net selwer mam gudden Beispill virginn.

Ech wäert och dofir dem Regierungsrot virschloen, dass staatlech Missiounen am Ausland an Zukunft CO<sub>2</sub>-kompenséiert solle ginn. Mir sinn amgang, e System op d'Been ze stellen, deen et de Servicer erlaabt, den CO<sub>2</sub>-Verbrauch vun hire Reesen iwwer e ganz Joer ze comptabiliséieren. Vun 2023 u gëtt am Budget dee Montant virgesinn, dee gebraucht gëtt, fir den CO<sub>2</sub>-Verbrauch vum Virjoer dann eeben och ze kompenséieren. Dës Sue wäerten zousätzlech an de Klimafong gespeist ginn, fir d'Efforten am Klimaschutz hei zu Lëtzebuerg ze acceleréieren.

Onse Klima- an Energieplang gesäit nach eng sëllege konkret Mesur vir, déi mir elo séier ëmsetzen. Mir schwätzen net nëmmen iwwer Klimapolitik, mee mir maachen Neel mat Käpp! Mir setze virun allem drop, d'Leit positiv ze incitéieren, méi klimafreundlech ze liewen. Mir hunn dofir eng ganz Rei u Subsidien en place gesat, ob an der Mobilitéit, am Wunnen oder och an den erneierbaren Energien. All dës Primme gi virum Enn vum Joer verlängert a souguer deelweis nach méi attraktiv.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass onbestritten, dass mir zousätzlech Klimamesur brauchen. Dat soen ons d'Experte vum Klimarot ganz kloer. Eng konsequent Klimapolitik kréie mir

awer just dann hin, wa mer och d'Ënnerstëtzung vun enger gesellschaftlecher Majoritéit kréien.

D'Politik muss de Bierger nolauschten. Dat gëllt och fir déi Mënschen, déi sech nach Froe stellen zu de konkreeten Auswierkungen, déi de Klimaschutz op hiert Liewe kann hunn. Mir brauche méi wéi jee e gesellschaftleche Konsens doriwwer, wéi mir zesummen d'Klimakris ugoe wëllen. Mir dierfen ons net ee géint deen aneren op dës Fro ausspille loosser. Mir dierfen ons och net auserneendriewe loosser. Mir sëtzen all an deem selwechte Boot!

D'Klimapolitik geet ons allegueren eppes un, well si betrëfft ons alleguer am Kär vun onsem Zesum-meliewen. Wéi wëlle mir an Zukunft liewen? Wat fir e Planéit wëlle mir den nächste Generatiounen han-derloossen? D'Klimafro ass eng Gesellschaftsfro! Dofir brauche mir och d'Gesellschaft um Verhandlungsdësch, wa mir iwwer zousätzlech Klimamesuren diskutéieren.

Aussergewéinlech Situatiounen erfuerderen aussergewéinlech Mesuren. Et ass Zäit fir en innovativen demokratesche Projet vu Biergerbedeelegung, wéi et en an där Form zu Lëtzebuerg och nach net ginn ass. Et ass Zäit, d'Gesellschaft um de Verhandlungsdësch vun der Klimapolitik ze setzen.

Ech wäert dofir e Klima-Biergerrot aberuffen. Dëse Biergerrot soll sech aus 100 Memberen zesumme-setzen, déi déi demografesch Realitéit zu Lëtzebuerg representéieren an domadder stellvertretend fir d'Populatioun wäerte stoen. Mat der Ënnerstëtzung vun Experte sollen dës 100 Bierger iwwer konkret Klimafroen diskutéieren. Mir wësse genee, wat onst Zil ass. D'Klimaxperten zeechnen ons de Wee kloer vir, wéi mir d'Klimakris bewältege kënnen. Elo geet et drëms, dass mir dësse Wee zesumme ginn, ouni déi sozial Kohäsioun op d'Spill ze setzen. Genau dat ass d'Aufgab vum Klima-Biergerrot. Mir stellen den Zesammenhalt an de Mëttelpunkt.

Den Ausgangspunkt vun den Diskussiounen vum Biergerrot ass den nationale Klima- an Energieplang, deen elo schonns en ambitiöse Pak un Ziler an u Mesur virgesäit. Mee déi 100 Bierger sollen driwwer beroden, wéi wäit si iwwert dësse Klima-plang wëllen erausgoen!

D'Regierung wäert an den nächste Wochen e Projet ausschaffen an d'Detailer iwwert de Klima-Biergerrot presentéieren. Et ass fir mech kloer, dass d'Propositiounen vum Biergerrot integral Objet vun engem Debat hei an dësem Haus mussen ginn, Här President.

Mir sinn hei am Land schonn esou oft onsen eegene Wee gaangen. Mir hu Krise genotzt, fir eis unzepassen an och nei Opportunitéiten ze schafen. D'Klimakris betrëfft ons alleguer. Et ass also nees un der Zäit, onsen eegene Wee ze fannen. Ech sinn iwwerzeegt, dass dësse Klima-Biergerrot dësse Wee zum Beispill kann zeechnen.

Mir dierfen ons awer näischt virmaachen. D'Rette vun onsem Planéit kréie mir net zum Nulltariff. Lëtzebuerg investéiert all Joer iwwer eng Milliard Euro an de Klimaschutz. Ech kann lech just garantéieren, dass näischt maachen eis an Zukunft nach vill méi deier géif ginn.

D'Regierung investéiert och weider an d'Preventioun vu Wiederkatastrophen, fir de Schued an Zukunft ze limitéieren. De Kampf géint de Klimawandel ass eng vun de gréissten Erausforderungen, déi d'Mënschheet jee kannt huet. Mee zesumme packe mir dat!

Mir kënnen dës enorm Kris just bewältegen, wa mir dësse Wee zesumme ginn! Dëst bedeit och, dass mir keen hanner ons zrëckloossen. D'Klimakris dierf sech net zu enger sozialer Kris entwéckelen. Mir wäerte mat geziilte Mesuren deenen ënnert d'Äerm gräifen, déi ons Hëllef am meeschte brauchen, sou wéi mer dat och schonn an der Coronakris gemaach hunn an esou verhënnert hunn, dass d'Pandemie sech zu enger sozialer Kris entwéckelt huet.

Ech hu ganz am Ufank vun der Pandemie de Bierger e Versprechen ofginn. Ech hu versprach, dass mir keen am Ree stoe loosser. Mir hunn dat Versprieche gehalten! D'Regierung huet net gezéckt an huet séier finanziell Hëllef decidéiert, fir de Mënschen an de Betriber an Nout ze hëllefen. D'Existenzgrond-lag vun Dausende vu Mënschen zu Lëtzebuerg war a Gefor. Mir hunn an der Kris geliefte Solidaritéit bewisen.

Et war eng vun onse Prioritéiten, d'Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg ofzesécheren. D'Aarbecht ass nämlech dat bescht Mëttel géint Aarmut! D'Regierung huet iwwer eng Milliard Euro un d'Chômage partiel un d'Betriber ausbezult, déi wéinst der Pandemie a Schwierigkeete gerede sinn. Och dës Suen hunn dozou bäigedroen, dass déi allermeeschte Mënschen zu Lëtzebuerg och während der Pandemie hir Aarbecht behalen hunn.





Ons Chômagezuele si mat 5,5 % haut erëm quasi um nammlechten Niveau wéi virun der Pandemie. A kaum aneren europäesche Länner huet sech den Aarbechtsmaart esou séier stabiliséiert wéi hei bei ons am Land.

Mënschen ouni Aarbecht oder mat niddrege Revenue waren an der Kris awer besonnesch finanziell vulnerabel. D'Regierung huet dofir och mat ganz konkreeten temporäre Mesurë reagéiert, fir dese Mënschen ënner d'Äerm ze gräifen. Fir d'Joer 2020 hu mir d'Allocation de vie chère verduebelt. Mir hunn d'Loyere matten an der Pandemie agefruer fir ze verhënneren, dass d'Locataire an der Kris nach méi fir hire Logement bezeule mussen. De Chômage partiel, deem am Prinzip op 80 % vum Salaire gedeckelt ass, huet Salariëe mam Mindestloun zu 100 % kompenséiert.

Ons Wirtschaft ass och erëm um Wuessen. No-deems 2020 onse PIB ëm 1,8 % zrëckgaangen ass, soen d'Prognose fir dëst Joer e Wuesstum vu 6 % viraus. Dës Zuele sinn aussergewöhnlech gutt, virun allem am internationale Verglach. Dës Zuele sinn de Beweis fir de Succès vun onsem Stabiliséierungs- a Relancepak. E Spuerpak wier grad an deem Moment genee de falsche Wee!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Dofir soen ech och op dëser Plaz kloer an daitlech: Mat dëser Regierung wäert keng Austeritéitspolitik kommen an et wäert och net zu Steuererhéijunge kommen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ganz am Géigendeel! Mat dëser Regierung wäert et weider eng Politik ginn, déi op Investitiounen, Innovatioun an engem stabile steierlechen Ëmfeld opbaut.

Mir brauchen an den nächste Jore weider enorm Investitiounen, wa mir ons Liensqualitéit erhalte wëllen. Dat nächst Joer wäerten déi ëffentlech Investitiounen bei bal 3,2 Milliarden Euro leien a bis 2024 op 3,7 Milliarden Euro klammen. Nëmme mat konstant héijen Investitiounen kënne mir eng gutt a liewenswäert Zukunft fir all ons Bierger zu Lëtzebuerg garantéieren.

Zur Wourecht gehéiert och, dass Lëtzebuerg sech dës Investitiounen grad wéi den Hëllefspak an der Kris just leeschte kann, well mir d'Staatsfinanze säit 2013 och nohaltege sanéiert hunn. Iwwert déi ganz Period 2013 bis 2019 hate mer en lwwerschoss an der Administration publique. 2018 hate mer fir d'éischt no zéng Joer souguer en lwwerschoss am Zentralstaat. Mam Covid, wat en aussergewöhnlech Evenement ass an aussergewöhnlech Mesuren och verlaangt huet, hu mer 2020 och en aussergewöhnlechen Defizit gehat, an zwar vun 3,2 Milliarden Euro. Schonn dëst Joer wäerte mir den Defizit méi wéi halbéiert kréien an och d'nächst Joer weider erofschrauwen.

Mee mir kënnen ons deen Defizit leeschten. Lëtzebuerg ass dat Land an der Eurozon, deem seng Staatsschuld par rapport zum PIB an der Kris am weinegsten eropgaangen ass. An dat, obschonn onsen Hëllefspak zu deene generéierten an Europa gehéiert huet! Lëtzebuerg huet nach ëmmer mat déi niddregst Schold an der Eurozon. Si wäert sech an deenen nächste Jore ronderëm 27 % vum PIB stabiliséieren, also ënnert der ambitiëser Limitt vun 30 %, déi mir ons selwer ginn hunn, a wäit ënnert deene 60 %, déi déi europäesch Reegele virgesinn.

Mir wäerten et fäerdegbréngen, dank där ambitiëser Budgetspolitik an deenen héijen Investissemen-ter, erëm schwaarz Zeelen ze schreiwen, an dat, ouni nei Steieren anzeféieren.

Lëtzebuerg ass drop ugewisen, dass déi international Investisseuren en héicht Vertrauen an d'Bonitéit vun onsem Land hunn. Dofir sinn ech immens houfreg, dass Lëtzebuerg och an dese Krisenzäite säin Triple-A bei all de Ratingsagencë verdeedege konnt.

Mir brauchen eng staark Economie, déi Aarbechtsplaze schafft an och nei Recetten erabrénkt. Mir wäerten ons Economie weider diversifiéieren an ons Betriber stäerken, fir esou och sécher Aarbechtsplazen ze erhalen. Mir brauchen en nohaltege Wuesstum. D'Regierung huet mat hirem Relancepak de Fokus op eng digital an nohaltege Economie gesat. Mir wëllen dese Wee virугоen, fir ons Economie nei ze positionéieren, fir si op d'Erausfuerderung vu muer ze preparéieren. Mir setzen op eng konsequent Ëmsetzung vun onser Laangzäitstrategie, ouni déi kuerz- a mëttelfristeg Erausfuerderunge fir onse Standuert aus den Aen ze verléieren.

Ons Wirtschaft vu muer soll op méi verschiddene stabile Piliere stoen, wéi dat haut de Fall ass. Mir wäerten d'Finanzplaz, Här President, weider fit fir d'Zukunft maachen, andeems mer mat onsen Efforten an den nohaltege Finanzprodukte weiderfueren. D'Hallschent vun all den nohaltegen Obligatiounen weltwäit sinn zu Lëtzebuerg op der Gréngr Bourse geléscht. Ons Finanzplaz ass dee gréisste

Levier, dee Lëtzebuerg huet, fir weltwäit géint de Klimawandel ze kämpfen. Nohaltege Fonge finanzéieren iwwer Lëtzebuerg nohaltege Investissemen-ter op der ganzer Welt.

D'Industrie ass fest verwuerzelt mat der Geschicht vun onsem Land. Och an deenen nächste Jore si mir op eng staark Industrie zu Lëtzebuerg ugewisen. Eng Industrie, déi méi digital a méi nohaltege wäert ginn. Mir wëlle Virreider an den Zukunftstechnologë ginn. Dofir zéie mir weider nei innovativ Betriber hei op Lëtzebuerg un.

D'Regierung ënnerstëtzt déi lokal Betriber an hirem digitalen an nohaltegen Transformationsprozess. Mir passen ons Hëllefes esou un, dass den digitalen an nohaltegen Invest méi attraktiv gëtt. Mir wäerten och nei Hëllefes aféieren, fir den CO<sub>2</sub>-Ausstouss vun der Economie ze reduzéieren a mëttelfristeg op null erofzesetzen. Mir lancéieren an deem Kontext eng Etüd iwwert d'Dekarboniséierung vun der Lëtzebuerger Industrie bis 2040.

Och d'Kreeslafwirtschaft ass en Deel vun onser Strategie, fir ons Economie méi nohaltege ze gestalten. D'Regierung schafft un engere Etüd an engem Aktionsplang, déi de Betriber hëllefes sollen, en Deel vun der Kreeslafwirtschaft ze ginn.

D'Digitaliséierung bitt immens Chancë fir onst Land: engersäits, fir onse Wirtschaftsstanduert ze diversifiéieren, andeems mer héich spezialiséiert ICT-Firmen dervun iwwerzeegen, fir sech hei zu Lëtzebuerg ze etabléieren. Anerersäits wëlle mir all Betriber, ob grouss oder kleng, dobäi ënnerstëtzen, nei Technologë fir sech ze notzen.

Ons Betriber hunn an deene leschte Méint vill Innovationsgeschecht a vill Ausdauer bewisen. Dës Zäit war besonnesch schwiegeg fir déi Persounen, déi sech derfir entscheet hunn, en neie Betriber ze grën-nen. D'Regierung wëllt dës nei Entrepreneuren an Zukunft nach méi staark begleeden. Mat der Aide primo-créateur gräife mir hinnen ënnert d'Äerm, fir de Start an d'Entrepreneuriat méi einfach ze maachen.

Mir leeën och e besonnesche Fokus op ons kleng a mëttelgrouss Betriber. D'Handwierk, zum Beispill, dat wësse mer, steet viru ganz groussen Erausfuerderungen. D'Regierung huet de klengen a mëttelstänneschen Handwerksbetriber eng Toolbox zur Verfügung gestallt mat Hëllefesmesuren, déi d'Entre-prises dozou incitéieren, eng nohaltege Entwécklung unzestriewen. Dës Toolbox wäert an Zukunft och op aner Secteuren ausgeweit ginn.

Ëmmer méi Betriber stoussen awer un hir Limitten, Här President, well si keng géegent Plaz fir hire Betriber fannen, wou se sech weiderentwéckele kënnen. D'Regierung schafft dowéinst zesumme mat de concernéierte Gemengen un der Ëmsetzung vum Plan sectoriel iwwert d'Aktivitéitszonen, mam kloren Zil, dass déi regional Aktivitéitszone méi Terraine fir lokal Betriber kënnen ubidden.

D'Regierung plangt ganz spezifesch Offeren u Betriber aus gewëssene Secteuren, fir sech zu Lëtzebuerg ze implantéieren. Mir wäerte beispillsweis en HE:AL Campus schafen, wou d'Betriber aus dem Beräich vun de Gesondheetstechnologë sech entfale kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg ass ekonomesch a finanziell gutt duerch dës Kris komm. D'Zuele beleeden dat ganz kloer. Ons Chômagezuelen, wéi ech gesot hunn, sinn erëm um Niveau vu virun der Pandemie an ons Wirtschaft ass erëm um Wuessen. Mir hunn et fäerdegbruecht, eng sozial Kris an der Pandemie ze verhënneren. Dat bedeit awer net, dass et zu Lëtzebuerg keng sozial Problemer géif ginn. Mir sinn ons deene Problemer bewosst. Mir verschléissen ons Aen net virun de groussen Erausfuerderungen, déi mer elo mussen ugoen. Ganz am Géigendeel: D'Sozialpolitik war, ass a bleift eng vun deene grouss politesche Prioritéite vun dëser Regierung.

Mir hunn an deene leschten aacht Joer enorm Ustrengungen ënnerholl, fir mat geziilte Geld- a Saachleeschungen d'sozial Problemer ze bekämpfen. Dat sinn Investitiounen an d'Mënschen an Investitiounen an ons Zukunft. Mir hunn an deene leschte sechs Joer eleng de Mindestloun véiermol gehéicht. D'Steierreform huet 2017 virun allem déi kleng a mëttel Revenuen daitlech entlaascht. Mir hunn de Crédit d'impôt sozial gestaffelt an op deene kleng Revenue verduebelt. D'Regierung huet och de Crédit d'impôt fir d'Elengerzéier verduebelt. 2019 huet d'Regierung och hiert Versprieche gehalten an de Mindestloun zousätzlech ëm 100 Euro netto gehéicht an huet selwer zwee Drëtter vun de Käschte gedroen, andeems de Crédit d'impôt nach eng kéier an d'Luucht gesat ginn ass. Mir hunn d'Wunnegeld agefouert an d'Montante vun den Hëllefes fir d'Locataire substanzuell erhéicht.

Mam neie REVIS kréie Famillje mat Kanner a virun allem Elengerzéier daitlech besser gehollef, wéi dat virdrun de Fall war. D'Erzéiung an d'Bildung vun onse Kanner dierfe kee Luxus sinn. D'Regierung huet mat der Aféierung vun 20 Stonne gratis Kannerbetreuung a vu gratis Schoulbicher d'Familljen nach eng kéier daitlech finanziell entlaascht.

An d'Aféierung vum gratis ëffentlechen Transport entlaascht alleguer déi Leit, déi mam Zuch, Bus oder Tram ënnerwee sinn.

Mir wëssen awer och, dass mir nach net um Zil ukomm sinn, fir d'Aarmut komplett aus onsem Land ze ecartéieren. Mir müssen also weider de Wee vun enger staarker Sozialpolitik goen. Well och haut gëtt et nach ëmmer Mënschen zu Lëtzebuerg, déi Schwieeregkeeten hunn, fir finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen.

Et si virun allem déi héich Wunnengskäschten, déi vill Mënsche staark belastschen. Wunnen zu Lëtzebuerg ass deier. An et gëtt ëmmer méi deier! Dese Constat ass net nei, mee en ass esou aktuell wéi seele virdrun. Während der Pandemie sinn nach eng kéier d'Wunnengspräisser geklommen, an nach méi staark geklomme wéi déi Jore virdrun. Eng héich Demande no Wunnengen dreift zanter Joerzénkten d'Immobiliepräisser an d'Luucht. Zanterhier hunn ënnerschiddlech Regierungen versicht, d'Offer no uewen ze schrauwen, also méi ze bauen. Et gëtt leider net déi eng Solutioun, déi all ons Problemer am Logement matenee léist. Dofir hunn och déi verschidden Initiative vun den ënnerschiddlechste Regierungen hir Meritten.

Zur Wourecht gehéiert awer och, dass bis elo nach keen et fäerdegbruecht huet, dem Logementsproblem Meeschter ze ginn. Keen! Dat bedeit awer net, dass mir de Kapp an de Sand steechen. Ganz am Géigendeel! De Logement ass a bleift eng Prioritéit vun dëser Regierung. Mir schaffe weider all Dag drun, fir méi bezuelbare Wunnraum ze schafen. Mir konzentréieren ons dobäi op zwee grouss Voleten:

Éischtens, de Staat, d'Gemengen an déi ëffentlech Bauräger wäerte massiv an de Wunnengsbau investéieren, andeems si selwer méi Wunnenge bauen an de Bierger zu abordabele Präisser zur Verfügung stellen.

Zweetens, mir wäerte géint d'Spekulatioun mat net bebauten Terrainen an eidele Wunnenge virгоen.

Wunnraum soll an dierf kee Spekulationsobjekt sinn. Während ëmmer méi Mënsche sech d'Wunnen zu Lëtzebuerg net méi leeschte kënnen, ginn anerer ëmmer méi räich, well se hir Terraine bewosst broochleie loossen an hir Wunnenge bewosst eidel stoe loossen. Jo, et gëtt e Recht op Eigentum. Mir schafen dëst Recht och net of. Mee mir huelen déi-jéineg mat an d'Verantwortung, déi et sech an dësen Zäite leeschte kënnen, Terrainen a Wunnengen eidel stoen ze loossen.

Mir wäerten dofir d'Spekulatioun mat Bauland a Wunnenge besteieren. D'Inneministeschen an de Finanzminister schaffen zesumme mam Logementsminister am Kader vun der genereller Grondsteuerreform e Modell aus, deen equilibréiert a gerecht ass. Mir cibléiere mat dëser Reform net déi Mënschen, déi an hirem eegenen Doheem wunnen, mee déi-jéineg, déi de Logement just als Spekulationsobjekt gesinn.

Fir dass an Zukunft net occupéiert Logementer méi staark besteiert kënne ginn, schafe mir de juristesche Kader fir en nationale Regëster, an deem all Wunneng am Land ageschriwwé gëtt, zesumme mat der Informatioun, ob se bewunnt ass oder net. Mat deem Regëster, dee vun de Gemenge wäert alimentéiert ginn, kréie mir och endlech e präzisen lwwerbléck doriwwer, wat d'Wunnverhältnisse am Grand-Duché sinn.

Nach bannent deenen nächsten zwielef Méint wäert d'Regierung e Projet de loi iwwert d'Reform vun der Grondsteuer hei an dëser Chamber deposéieren. D'Zil ass et, dass duerch dës Reform méi privat Bauland ka mobiliséiert ginn. Gläichzäiteg huelt mir d'Proprietäre vun net bebauten Terrainen an net occupéierte Wunnenge mat an d'Verantwortung, fir sech un den Efforte vum Staat ze bedeele-gen, fir méi bezuelbare Wunnraum ze schafen.

Mam Pacte Logement 2.0 hu mir an deem Sënn e Paradigmewissel agelaut. Déi ëffentlech Hand wäert an Zukunft bei neie PAPen 10 % bis 20 % vum Terrain kréien, fir bezuelbare Wunnraum ze schafen. Als Géigeleeschting kënnen déi privat Promoteuren 10 % méi dicht bauen an esou déi wäertvoll Ressource vum Bauland méi effikass notzen. Et ass e Paradigmewissel, well de Staat an d'Gemengen endlech an de Besëtze vu genuch Bauland kommen, fir e spierbaren Impakt op de Wunnengsmaart ze kréien. Déi ëffentlech Hand wäert mëttel- a laangfristeg zum gréissten Acteur am Logement avancéieren, en Acteur, deen net op Profitt aus ass, mee als eenzegst Zil huet, de Bierger bezuelbare Wunnraum ze offréieren.

Dat lescht Joer hu mir ronn 100 Milliounen Euro an d'Schafe vu bezuelbarem Wunnraum investéiert. Dese Montant wäert sech bis 2023 méi wéi verduebelen. Grouss staatlech Wunnprojeten zu Kielen, Wolz, Mamer, Biver an Diddeleng gi realiséiert a schafe bezuelbare Wunnraum fir Dausende vu Mat-mënschen. De Moment befanne sech 300 Projekte mat iwwer 3.100 Logementer an der Realisatioun. Bis 2025 sollen déi ëffentlech Bauräger 8.200 zousätzlech Logementer bauen.

De Pacte Logement 2.0 hëlt och d'Gemenge mat an d'Verantwortung. D'Schafe vu bezuelbarem Wunnraum soll an Zukunft an alle Gemengen an an alle Stied an Dierfer stattfannen.

Mam Baulandvertrag wäerte mer de Gemengen en zousätzlech Instrument an d'Hand ginn, fir d'Spekulatioun ze bekämpfen. An Zukunft müssen nei Baulerraine bannent enger gewëssener Zäit bebaut ginn. Wann dat net an deem Delai geschitt, gëtt den Terrain erëm an eng net bebaubar Zon klasséiert. De Baulandvertrag suert derfir, dass d'Spekulatiounen mat neie Baulerrainen net méi lukrativ sinn. Zousätzlech sollen nei Baulerrainen iwwert déi nei Grondsteuer méi staark besteiert ginn, vu dass de Proprietär duerch eng administrativ Decisioun vun enger enormer Wäertsteigerung profitéiert.

D'Regierung envisagéiert eng Reform vum Gesetz iwwert d'Logementshëllefes. D'Hëllefes fir de Kaf an d'Loune vu Wunnenge gi vereinfacht an ugepasst, fir dass Leit mat moderatem Akommes besser ënnerstëtzt kënne ginn. De Staat wäert och d'Locataire méi staark ënnerstëtzen a si besser viru steigende Loyere schützen. Mat der Reform vum Gesetz iwwert de Bail à loyer gëtt fir Transparenz gesuert an d'Loyere ginn effektiv plafonéiert, fir Abusen ze ënnerbannen.

D'Regierung ass prett, fir hir Verantwortung am Logement ze iwwerhuelen. Ech erënneren an deem Kontext un d'Steiermesuren, déi d'Regierung schonn dat lescht Joer decidéiert huet, wéi mer d'Abuse mat de FIS immobiliers ofgeschafft hunn an den Amortissement accélére ofgeschwächt hunn. Mat dësen zwou Mesuren hu mir wichteg Akzenter gesat, fir Investitiounen am Logement op Käschte vun der Allgemengheet ze limitéieren.

De Logement ass dee gréisste sozialen Ausgrenzungsfacteur hei am Land. Déi héich Wunnengspräisser sinn e Grond, firwat ëmmer méi Mënschen zu Lëtzebuerg Schwieeregkeeten hunn, finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen. Mir müssen also alles derfir maachen, fir d'Präisspiral am Logement ze stoppen. Dat wäerte mer awer net vun haut op muer packen, esou éierlech muss ee sinn. Och déi Mesuren, déi ech elo grad annonciéiert hunn, wäerten net vun haut op muer de Logementsproblem léisen. All dës Mesurë brauchen Zäit, fir richtig ze gräifen. Déi betraffe Mënschen hunn awer haut scho Problemer, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Also musse mer hinnen och direkt hëllefes kënnen.

Mir müssen onse Sozialsystem also weider ausbauen. Mir müssen onst soziaalt Opfangnetz nach méi enk spanen, fir dass kee méi derduerchfale kann. D'Regierung huet dofir decidéiert, sozial schwache Leit séier an onkomplizéiert ënnert d'Äerm ze gräifen. Net iwwert de Steiersystem, mee iwwer Mesuren, déi direkt gräifen an direkt en Ënnerschied maache kënnen. Mir erhéijen op den 1. Januar 2022 d'Allocation de vie chère nach eng kéier ëm mindestens 200 Euro pro Stot. Dëst, no-deems d'Regierung déi Ënnerstëtzung schonn dat lescht Joer nohaltege ëm 10 % erhéicht hat.

Mir hunn an onser Sozialpolitik schonn ëmmer e besonnesche Fokus op d'Wuel vun de Kanner geluecht. Mir striewen eng Chancégerechtegkeet fir all Kand un. Et dierf keng Fro vu Sue sinn, wéi gutt e Kand opwiisst. Dofir hu mer an der vieregter Legislaturperiod scho gratis Kannerbetreuung a gratis Schoulbicher agefouert. Elo wäerte mer zousätzlech derfir suergen, dass all Kand mëttes e waarmt lessen um Teller huet. An Zukunft sollen d'Kanner vu Famillje mat engem klengen oder mëttleren Akommes gratis an der Grondschoul an am Lycée iesse kënnen. Fir Schülerinnen a Schüler, déi all Dag am Lycée iessen, mécht dës Measure eng Erspurnis vun 846 Euro am Joer aus.

2006 hat déi deemoleg Regierung decidéiert, d'Familljeleeschtingen 2006 ze desindexéieren, fir méi a Saachleeschtingen ze investéieren. Dës Regierung huet elo beschloss, den Index um Kannergeld erëm anzeféieren a gläichzäiteg weider a Saachleeschtingen ze investéieren. En deementsprechende Projet de loi ass um Instanzwee. D'Reindexéierung soll am Ufank vun 2022 a Kraaft treden.

Elo ass et esou, dass op den 1. Oktober vun deem Joer nach eng Indexbranche fäleg gouf. D'Regierung wäert dës Indexbranche réckwierkend an d'Reindexéierung vum Kannergeld matabezéien. Dës Mesurë sollen de concernéierte Stéit hëllefes, fir déi klammend Energiepräisser finanziell ze kompenséieren. Mir wäerten dës Situatioun, wéi ech et scho virdru gesot hunn, weider am A behalen an och op europäeschem Plang mat onse Partner no gemeinsame Léisunge sichen.

Dëst Joer maache mer och eng Evaluatioun vun neie REVIS-Dispositif fir ze kucken, ob eventuell Upassung musse gemaach ginn. Am Januar 2021 goufen d'Montante vum REVIS schonn ëm 2,8 % an d'Luucht gesat, zesumme mam Mindestloun, opgrond vun der Lounentwécklung an deene leschte Joren.

Mir wëssen, dass virun allem elengerzéiend Eltere vum Aarmutrisiko betraff sinn. Si profitéiere be-





sonnesch vun deene Mesuren, déi ech elo grad an-  
noncéiert hunn, well si mat hirem eenzege Revenu  
de Plaffong net esou séier erreechen. Mat där  
leschter Steuerreform hu mer d'Elengerzéier ent-  
laascht, andeems mer de Crédit d'impôt monopa-  
rental op 1.500 Euro verduebelt hunn. Mir sinn ons  
awer bewosst, dass d'Elengerzéier trotz dese Me-  
suren nach ëmmer besonnesch vulnerabel sinn.

D'Regierung huet eng zweet grouss Steuerreform fir  
dës Legislaturperiode geplangt gehat. Dës Reform  
soll onse Steiersystem méi gerecht maachen, an-  
deems jiddwereen no där nämmlecher Steuerklass  
besteiert géif, ouni dass een eppes verléiert. De  
Coronavirus huet ons e Stréch duerch dës Rech-  
nung gemaach.

Mir bleiwen awer der fester Iwwerzeegung, dass den  
Debat ronderëm méi Steiergerechtkeet muss wei-  
dergefouert ginn, en Debat, dee jo och an noer Zu-  
kunft hei an der Chamber wäert gefouert ginn. Mir  
bleiwen der fester Iwwerzeegung, dass eng grouss  
Steierreform noutwendeg ass, och wa se nach net  
elo direkt kann ëmgesat ginn. Mir mussen a wäerten  
also och an Zukunft nach iwwer Steiere schwätzen.

Allgemeng setzt d'Regierung op den Dialog. Ech  
hunn dofir virun dëser Ried d'Gewerkschaften an  
d'Patronat gesinn, fir mat hinnen iwwer hir Prioritéi-  
ten, Suergen a Virschléi ze schwätzen. Sait dem  
Ufank vun der Pandemie huet d'Regierung am Ka-  
der vum Sozialdialog ronn 100 Entrevuen organi-  
séiert. 100 Entrevuen organiséiert! Ech hunn de So-  
zialpartner annoncéiert, dass ech nach virun Enn  
vum Joer eng Tripartite aberuffen. D'Tripartite ass  
am Fong jo e Kriseninstrument. Si ass fir d'éischte  
Kéier ënnert dem Premier Gaston Thorn aberuff  
ginn, wéi et an der Stolkris jo drëms gaangen ass,  
Zéngtausenden Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg  
ze retten.

Onsen Aarbechtsmaart steet haut op zolitte Féiss  
an ons Économie ass um Wuessen. Déi aktuell Si-  
tuatioun um Aarbechtsmaart géif de Moment also  
net no enger Tripartite verlaangen. An awer ass et  
mir an de Kolleegen an der Regierung wichteg, dass  
d'Regierung, d'Gewerkschaft an d'Patronat sech  
nach dëst Joer un en Dësch setzen, fir iwwert déi  
zukünfteg Erausforderungen um Aarbechtsmaart  
ze diskutieren.

Ech hunn et ganz am Ufank gesot an ech stinn do-  
zou: D'sozial Kohäsion an de Sozialdialog sinn e  
feste Bestanddeel vum Lëtzeburger Erfollegsmo-  
dell. Mir si méi staark, wa mir de Wee zesumme  
ginn, dee virun ons läit. Dat huet Lëtzebuerg an der  
Vergaangenheet méi wéi eng Kéier bewisen. Lëtze-  
buerg ass och da staark, wann onst Land Virreider  
ka sinn a sech sai ganz eegene Wee moolt, deen  
ons an eng gutt a sécher Zukunft féiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och an der  
Pandemie ass Lëtzebuerg säin eegene Wee gaan-  
gen. E weidert Joer ass vergaangen, an deem de  
Covid ons net lassgelooss huet. E Joer, an deem  
dese Virus onst gesellschaftlecht Mateneen, ons  
ekonomesch Realitéit an ons Zukunftsperspektive  
beaflosst huet.

Mir si gutt duerch dës sanitär Kris komm. Ons Spi-  
deeler waren ni komplett iwwerlaascht a mir hunn  
zu all Moment d'Kontroll iwwert d'Situatioun kënn  
behalen. Et gouf zu Lëtzebuerg keng esou eng Ka-  
tastrophen a chaotesch Zoustänn, wéi mer se deels  
am Ausland gesinn hunn, wou Patienten an de  
Gäng vun de Spideeler traitéiert goufen, well d'Bet-  
ter op den Intensivstationen alleguete voll waren,  
wou de Sauerstoff op eng Kéier knapp war, wou de  
Gesondheetssystem a sech zesummegebrach ass.

Wann ech soen, dass mir gutt duerch dës Kris  
komm sinn, dann hu mir dat virun allem ganz villen  
engagéierten a couragéierte Mënschen ze verdan-  
ken, an de Klinicken, an den Alters- a Fleegeheemer,  
an de Betriber, an de Ministère, de Verwaltungen,  
de Gemengen, grad wéi och den Noperen a Famill-  
jememberen, déi sech géigesäiteg ënnert d'Äerm  
gegraff hunn. Mënschen, déi fir ons eischerter  
Front géint de Covid kämpfen. Mënschen, déi och  
zu deenen onsécherste Momenter fir ons geschafft  
hunn. Mënschen, déi Iwwerstonne gemaach hunn,  
fir dass onst Liewe konnt gereegelt weidergoen.

Et läit mir um Häerz, fir all dese Mënschen nach  
eng Kéier mäi Merci a meng Unerkennung ausze-  
drécken!

All Coronaaffer ass eent ze vill. Mir wousste fréi,  
dass et keen honnertprozenteg Schutz géint eng  
Infektioun mam Virus ka ginn, ouni alleguerten  
d'Spillreegele vun onser Gesellschaft iwwer Bord ze  
geheien. Mir sinn e Vollek, dat un demokratesch  
Wärter an un d'Fräiheet gleeft. D'Verdeedegung  
vun onse Grondrechter a Fräiheeten ass eng vu  
mengen déifsten Iwwerzeegungen, fir déi ech mech  
politesch engagéiert hunn an nach ëmmer enga-  
géieren. Wa mir Mesurë geholl hunn, duerch déi dës  
Fräiheeten zäitweis eingeschränkt gi sinn, dann nëm-  
men, well mir der fester Iwwerzeegung waren ze-  
summen, dass onse Gesondheetssystem ouni dës  
Mesurë kollabéiere géif. Esou vill Sécherheet wéi  
néideg, esou vill Fräiheet wéi méiglech! Dese Prin-  
zip huet ons déi lescht Méint ëmmer begleet.

Jo, mir haten zu Lëtzebuerg a ville Momenter man-  
ner streng sanitär Reegele wéi an anere Länner. Mir  
hu permanent no där richteger Balance tëschent  
Sécherheet a Fräiheet gekuckt, well et ons wichteg  
war, d'Fräiheete vun de Mënschen net onnéideg an-  
zeschränken. Déi mental Gesondheet vun de Bier-  
ger därerf ons net egal sinn. Mir Mënsche si sozial  
Liewewiesen, déi de sozialen, awer och de physe-  
sche Kontakt mat hire Léifste brauchen. Ech den-  
ken hei och un d'Kanner. Si si ganz besonnesch vul-  
nerabel, wa si aus hirem gewinnten Ëmfeld eraus-  
gerappt ginn. Dofir war et ons wichteg, mat alle  
Mëttele ze probéieren, d'Schoulen, d'Maison-re-  
laisen an d'Crèche opzehalen. Während anere Länner  
mat hire rigide Stufepläng nach méintelaang am  
Homeschooling gefaange waren, mat deene Pläng,  
wou gesot ginn ass: „Et ass elo esou, elo muss dat  
dote geschéien!“, konnte bei ons d'Kanner während  
engem groussen Deel vun der Pandemie an  
d'Schoul goen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre  
d'État.** - Lëtzebuerg läit wäit ënnert der OECD-  
Moyenne, wann ee sech d'Zuel vun den Deeg  
ukuckt, op deenen d'Grondschoule wéinst Covid  
zou waren. D'Lycéeë waren am Grand-Duché just 34  
Deeg laang zou. Domat leie mir op der zweeter Plaz  
bei der OECD.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre  
d'État.** - Fir d'Rentrée war ech eng Grondschoul an  
eng Maison relais besichen. D'Laachen an d'Freed  
vun de Kanner hunn alles gesot. Si ware frou, erëm  
an d'Schoul kënnen ze goen - wat een och net ëm-  
mer gewinnt war. Si ware frou, sech an hirem ge-  
winnten Ëmfeld nees zesummenzefanne mat hire  
Frëndinnen, mat hire Frënn, mat hirem Léier- a mat  
hirem Erzieungspersonal, op der Plaz live ee kënn-  
en ze gesinn an net virun engem Schierm.

Mir hunn dës Balance tëschent Sécherheet a Fräi-  
heet awer net lichtfankeg ze vill an déi eng oder  
aner Richtung kippe gelooss. Mir haten zu all Mo-  
ment eng kloer Strategie, déi ons eng gewësse Fle-  
xibilität erméiglecht huet. D'Regierung huet d'Änt-  
wert op dës Kris zu all Moment ugepasst, wa mir  
mat enger verännerter Situatioun konfrontéiert wa-  
ren.

Ons Strategie huet sech virun allem op dat breet  
Teste vun der Populatioun baséiert. Mir hu séier,  
als eent vun den éischte Länner op der Welt, mas-  
siv an ons Testcapacitëten investéiert. Während  
ville Méint hu mir Rankinge vun de meeschten Tes-  
ter weltwäit ugefouert, wat jo och kokass Situa-  
tiounen mat sech bruecht huet. Mee esou hate mir  
zu all Moment e gudden Iwwerbléck iwwert d'Ver-  
breedung vun Virus. D'Donkelziffer vun onentdeck-  
ten Infektiounen war zu Lëtzebuerg manner héich  
wéi bei onsen Noperen. Eng Etüd ass zur Konklu-  
sion komm, dass Lëtzebuerg mat Hëllef vum  
Large-Scale-Testing 99,2 % vun all den Infektiounen  
entdecke konnt. Well mir méi Infektiounen a virun  
allem och asymptomatesch Infektiounen entdeckt  
hunn, war onse Contacttracing méi effikass. Esou  
konnte mir d'Infektiounskette brieche a Mënsche-  
liewe retten.

Am Ganze sinn zanter dem Ufank vun der Kris méi  
ewéi 4 Milliounen Tester hei zu Lëtzebuerg ge-  
maach ginn. Domat huet d'Regierung sech awer net  
ze fridde ginn. An de leschten acht Méint hu mir  
ronn 16 Milliounen Schnelltester den Entreprises, ee-  
lere Matbierger, dem Horeca-Beräich, dem Gesond-  
heits- a Fleegeberäich an de Schoulen zur Verfü-  
gung gestallt. Et wäert och an Zukunft ëmmer nees  
zu punktuellen Ausbréch kommen. Mir wäerten dat  
och enk suivéieren. Dofir hu mir ons och eng Reserv  
vu Schnelltester zougeluecht, soudass mir am Fall  
vun engem Ausbroch séier a breet teste kënnen.

Wann ee méi test, féinnt ee méi infizéiert Persoun-  
en. Mir hunn ons dofir net eleng op d'Infektiouns-  
zuele baséiert, fir déi sanitär Mesuren ze decidie-  
ren. E rigide Stufepläng, wéi anere Länner en appli-  
zéiert hunn, hätt ons manner Fräiheet, awer net on-  
bedéngt méi Sécherheet bruecht. Eng ambitiéis  
Teststrategie an eng effikass Impfcampagne hël-  
fen ons, e Liicht um Enn vun Tunnel ze gesinn.  
D'Impfstrategie ass ausgeschafft a permanent uge-  
passt ginn. D'Kommunikations-, d'Sensibiliséie-  
rungs- an d'Opklärungscampagnë sinn ugelaft.

D'Impfung wierkt. Iwwerall am Ausland stelle mir  
déi nämmlecht Tendenz fest. De Prozentsaz vun  
de positiv geteste Leit, déi net komplett geimpft  
sinn, ass héich par rapport zu geimpfte Leit.  
Aneschtens gesot: D'Impfung reduzéiert d'Zirkula-  
tioun an d'Transmissioun vun Virus. De Prozentsaz  
vu komplett Geimpften an de Spideeler ass och méi  
niddreg. D'Impfung schützt virun engem schwéiere  
Krankheitsverlaf.

Dëst weist, wéi wichteg et ass, dass mir all zesum-  
men d'Bierger an onsem Land iwwerzeegt kréien,  
sech séier impfen ze loossen. Et ass am Moment  
deen eenzege Wee nees an d'Normalitéit.

D'Regierung huet de leschte Freideg nei Mesuren  
decidéiert. Et si Mesuren, vun deene mir ons erhof-

fen, dass se ons gutt a sécher duerch de Wanter a  
soumat e gutt Stéck méi no un d'Enn vun dëser  
Pandemie bréngen. Et ass mëttlerweil dat 17.  
Covidgesetz, dat mir der Chamber virgeluecht hunn.  
All Gesetz an all Measure, déi mer decidéiert hunn,  
sinn eng Reflexioun vun der Situatioun, wéi se sech  
ons dee Moment duerstellt. An all Gesetz an all  
Measure gesi mir als néidege Schrëtt um Wee, fir  
méiglechst séier kee Covidgesetz a keng speziell  
Mesurë méi ze brauchen.

D'Situatioun ass awer haut nach esou, dass den  
Taux vu geimpfte Leit net héich genuch ass, fir  
dass mir all ons Fräiheete kënnen zréckkréien. Mir  
musse séier op 80 % bis 85 % Geimpfter kommen,  
fir gutt a sécher déi nächst Méint duerch dës Kris  
ze kommen.

D'Mënschen hale sech erëm méi dobannen op. Well  
nach net genuch Mënschen zu Lëtzebuerg geimpft  
sinn, musse mir der méi héijer Infektiounsgefor a  
Banneraim Rechnung droen. Dofir generaliséiere  
mer déi dräi 3G-Reegel: Wien an Zukunft e Restau-  
rant, e Café oder eng Disco wëllt besichen, muss  
mam CovidCheck nowise kënnen, dass e geimpft  
oder geheelt ass respektiv dass en en zertifizierten  
negativen Test gemaach huet. Dat sinn déi Proposi-  
tiounen, déi d'Regierung och der Chamber gemaach  
huet.

Mir wëllen och d'Méiglechkeet aféiere fir de Patron,  
fir de CovidCheck op der Aarbechtsplaz ze appli-  
zéieren. Dëst, fir engersäits seng Mataarbechter  
gesondheetlech ze schützen an och, fir anerersäits  
och op der Aarbechtsplaz erëm méi Normalitéit ze  
erméiglechen, andeems keng Mask méi muss ge-  
droe ginn, wann een am Regimm vum CovidCheck  
ass am Betrib.

Et mécht ons keng Freed, dës Mesuren ze huelen.  
Ech géif léiwer haut annoncéieren, dass alleguerten  
déi sanitär Mesuren total iwwerflësseg wieren, well  
genuch Leit geimpft sinn. Ech hoffe fir ons alle-  
guerten, dass dësen Dag zimmlech rapid wäert do  
sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beson-  
nesch ganz am Ufank vun der Pandemie wousst  
kee genuch iwwert de Virus: wéi e sech verbreet,  
wéi e sech op d'Gesondheet vun infizéierte Mën-  
schen auswierkt a wéi mir dës Mënschen och am  
beschte medezinnesch behandle kënnen. Mir ware  
konfrontéiert mat dramatesche Biller, fir d'éischt  
aus China, duerno aus Italien, wou ganz vill Leit  
bannent kierzter Zäit um Virus gestuerwe sinn.

D'Regierung huet séier Verantwortung iwwerholl.  
Mir stinn hanner all de Mesuren, déi mer geholl  
hunn. Mir hunn am Laf vun de leschte Méint ëmmer  
erëm nei wëssenschaftlech Erkenntnisser iwwert  
de Covid gewonnen. Mir hunn ëmmer erëm ons Kri-  
segestioun un déi nei Erkenntnisser ugepasst.  
Wann elo ee mech freet, ob ech haut verschidde  
Mesuren aneschtens géif huelen, dann ass meng  
Äntwert: „Jo“, well mer haut och méi wësse wéi  
dunn, wéi mer d'Decisiounen geholl hunn, well mer  
haut de Virus besser verstinn.

Mir musse besser op zukünfteg Pandemie präpa-  
riert sinn. Aus dësem Grund ass d'Regierung an  
Diskussiounen mat der OECD, fir eng onofhängeg  
Etüd iwwert d'Krisegestioun an Opdrag ze ginn. Eng  
multidisziplinär Ekipp vun internationalen Experte  
soll analyséieren, wéi d'Pandemie sech op Lëtze-  
buerg ausgewierkt huet, um sanitäre Pläng, mee  
och an all deenen anere Beräicher vum öffentleche  
Liewen. Mir ginn der OECD d'Krisegestioun an all  
hire Facetten ze belichten an ze analyséieren. Dat  
wäert hir Missioun sinn.

D'Etüd soll esou breetgefächert gi wéi méiglech.  
Mir hätt gär, dass all Aspekt vun dëser Pande-  
mie belicht gëtt, op sanitärem, ekonomeschem  
oder op gesellschaftlech Pläng. Dofir soll och  
déi besonnesch demografesch Situatioun vun on-  
sem Land consideréiert ginn. Lëtzebuerg ass net  
eent vergläichbar mat anere Länner. Mir sinn e  
kleint Land mat oppene Grenzen, dat ausser-  
uerdentlech op d'Kooperatioun mat sengen No-  
peschlänner ugewisen ass. D'Experte sollen op Ba-  
sis vun hirer Analys Recommendatiounen ausschaf-  
fen, wéi Lëtzebuerg sech op eng nächst Pandemie  
besser ka preparéieren.

Mir sinn der fester Iwwerzeegung, dass dës Etüd  
eng reell Plus-value fir onst Land wäert bréngen.  
D'Resultater vun der Etüd wäerten ons zousätzlech  
Erkenntnisser doriwwer liwweren, wat fir eng Léiere  
mer aus dëser Pandemie zéie mussen. Mir hu virop  
geléiert, wéi wichteg e staarke Gesondheetssystem  
ass. Mir kënnen ons glécklech schätzen, dass mir  
an der Pandemie op e gutt Gesondheitswiesen  
ziele konnten.

D'Gesondheitsberuffer hu mat hirem Engagement  
an hirer Ausdauer eng immens Aarbecht während  
der Pandemie geleescht. Et ass ons wichteg, dass  
dës Beruffer nach méi attraktiv ginn. Dofir schaffe  
mir un enger neier Formatioun, fir si zousätzlech ze  
valoriséieren.

D'Regierung schafft kontinuéierlech um Erhale vun  
engem staarke Gesondheetssystem, deen all Be-  
soine vun de Patienten ofdeckt. Mam Gesondheits-

dësch hu mir eng Plattform, déi all d'Acteuren am  
Gesondheitsberäich regroupéiert, fir en nationale  
Gesondheitsplang auszuschaffen.

Mir stellen d'Prevention méi staark an de Vierder-  
grond a plangen, den Zougang an d'Proximitéit zum  
Hausdokter an alle Regione vum Land ze verbes-  
seren. Am Beräich vun de Soins primaires wäerte  
mir d'Hospitalisation à domicile opwäerten, an-  
deems mir hir en eegene Kader ginn. Duerch eng  
qualitativ gläichwäerteg Betreierung dohem wëlle  
mir do, wou et méiglech ass, onnéideg laang Opent-  
halter am Spidol verhënnert kréien. D'Pandemie  
huet ons och gewisen, wéi wichteg en effikasse  
Monitoring vun Daten aus dem Gesondheitssec-  
teur ass. Mir sinn dofir och amgaangen, en nationa-  
len Observatoire de la santé opzebauen.

Déi lescht Méint hunn ons och gewisen, dass mir  
déi lokal Versuergungsketten am Gesondheitsbe-  
räich verstärke mussen, fir a Krisenzäite manner  
ofhängeg vum Ausland ze sinn. Mir schaffen dofir  
un enger nationaler Medikamentenagence, déi et  
ons erlabe wäert, d'Sécherheet vun all de Medika-  
menter a Materialien ze garantéieren, déi bei ons an  
den Asaz kommen. Mir diversifiéieren ons Wirt-  
schaft, andeems mer an de Secteur vun de Biotech-  
nologien investéieren.

Verschidde Leit, déi mam Coronavirus infizéiert wa-  
ren, leiden un den Nowéie vun dëser Infektioun. Déi  
sougenannt Long-Covid-Patienten hunn nach Wo-  
chen a Méint no der akuter Infektioun eng Villfalt u  
Symptomer. Mat engem groussen gemeinsamen  
Effort hunn déi national Autoritéiten an déi lëtze-  
buergesch Gesondheitsinstituteuren en Netzwerk fir  
d'Betreiung vun dese Patienten op d'Bee gestallt.

An den nächste Woche wäert e Konsortium aus  
Fuerschungsinstituteuren eng wëssenschaftlech Analys  
vun de Laangzäitfolge vum Covid lancéieren. Am  
Long-Covid (veuillez lire: Long-Covid-Projet) geet et  
net nëmmen ëm déi physisch, ma och ëm déi men-  
tal Gesondheet vun alle Betraffenen. D'Pandemie  
huet ons gewisen, wéi fragill onse Geescht ka sinn.  
Déi mental Gesondheet muss zu enger vun onse  
Prioritéiten an der Gesondheitspolitik ginn. Mir wë-  
llen den Accès zu professioneller Hëllef am  
psychesche Beräich méi séier a méi licht gestalten.  
An deem Kader sinn ech frou annoncéieren ze kënn-  
en, dass d'Regierung fir d'nächst Joer en nationale  
Pläng vun der mentaler Gesondheet wäert virstellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ons  
Kanner sinn net vum Coronavirus verschount bliw-  
wen. Glécklecherweis iwwerstinn déi allermeescht  
Jonker eng Infektioun ouni gréisser Symptomer.  
Mee och d'Kanner goufen aus hirem gewinnten All-  
dag erausgerappt. Ech hunn et scho gesot: Et war  
fir ons eng absolut Prioritéit, dass d'Schoulen,  
d'Crèche an d'Maison-relais esou normal funk-  
tionéiere konnte wéi nëmme méiglech. D'Wuelbe-  
fanne vun onse Kanner dierf ons net egal sinn.

De Virus huet ons déi grouss Defien nach eemol  
ganz kloer opgewisen, virun deenen den Educa-  
tionssystem steet. D'Bildungspolitik huet als Auf-  
gab, all Kand a Jonkem et ze erméiglechen, dat  
Bescht aus sech erauszehuelen. Jiddweree muss  
d'Méiglechkeet hunn, den héchstméigleche Bil-  
dungs niveau ze erreechen, dee sengen Talenter a  
senge Wënsch entsprécht, well dovunnet hänkt net  
nëmmen d'Zukunft vun de Kanner a vun de Jonken  
of, mee d'Zukunft vun onser Gesellschaft, vun on-  
sem Land! Mir hu staark Kanner. Et ass ons Aufgab,  
si an hire spezifesch Stärken ze férdere.

Wann d'Gesellschaft sech ännert, kann d'Schoul net  
stoe bleiwen. De Ministère fir Bildung, Kanner a Ju-  
gend suivéiert zanter Joren eng aktiv Politik vun  
der Diversifizierung vun der Schouloffer ënnert  
dem Motto: „Ënnerschiddlech Schoule fir ënner-  
schiddlech Schüler“. Ons Bildungslandschaft gëtt  
weider méi villfältig, well mir esou de Besoine vu  
ville Schüler besser entspreche kënnen an domad-  
der fair Bildungschancë fir all Kand kënn schafen.  
Esou si bis elo scho siwen nei Sektouren entstan-  
nen. An noer Zukunft wäerten zwou weider Sektou-  
nen an de Lycéeën an ee weideren DAP an der Be-  
ruffsausbildung entstoen.

D'Schoul vum 21. Joerhonnert muss d'Kanner drop  
vorbereeden, sech erfollegräich a sécher an engem  
digitalen Ëmfeld erméiglechen, a gläichzäiteg  
géint déi digital Ongläichheet kämpfen. Digital  
Kompetenze sinn och eng Fro vun der Chancë-  
gläichheet am Bildungssystem a Bezuch op de Bil-  
dungserfolg.

De sozioekonomesche Kontext, d'Mammesprooch  
an de Migrationshannergrond hunn nach ëmmer e  
vill ze groussen Afloss op de schoulesche Parcours  
an d'Réussite scolaire vun dem Eenzelnen. Mir hu  
scho vill Mesuren ergraff, fir d'Chancëgläichheet ze  
erhéien: en ëmfaassenden Inklusiounsprogramm  
fir Schüler mat spezifesch Besoinen, e modernen  
an differenziéierte Sproochenunterricht, eng grouss  
Offer un Nohëllef an Diversifizierung vun der  
Schouloffer duerch nei Schoule mat innovative  
pedagogesche Konzepter.

An d'Efforten, fir d'Schüler beschtméiglech ze en-  
nerstëtzen, ginn intensiv weider. Mir wäerte flä-





chendeckend gratis Hausaufgabenhëllef am Fondamental aféieren. An den nächste Méint ginn Diskussionsone mat de betrouffene Partner gefouert, fir d'Konzept vun enger qualitativer Offer vun Hausaufgabenhëllef op nationalem Niveau fir d'Schüler aus dem Fondamental ze entwéckelen.

Zu der Ënnerstëtzung vun de Kanner gehéiert och hir Kreativitéit ze féideren. Kreativitéit ass e wichtege Facteur an der emotionaler an och an der kognitiver Entwécklung. Si dréit och zur Entwécklung vun engem positiver Selbstbild bäi. Fir d'Kreativitéit an de Virwëtzt vun de Kanner a Jonken ze stimuléieren, wäerte mir e groussen Deel vun de Musekskursen vum nächste Schouljoer un och gratis maachen. D'Schüler mussen fir de ganze Cycle inféieren, also fir op d'mannst déi éischt véier Joer Museksunterricht, näischt bezuelen.

Mat dëser Mesure maache mir de Museksunterricht fir all Kand zougänglech. Och dat wäert an Zukunft zur Chancëgläichheet an zur Bildungsgerechtigkeit bäidroen a ville Schüler och en éischte Kontakt mat der Kultur erméiglechen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - D'Pandemie huet ons nach eemol däitlech virun Ae gefouert, wéi wichtig d'Kannerbetrieungsstrukture fir d'Famillje sinn. Si bidden deene Klingen e gewinntent a séichert Ëmfeld, wou si sech zesumme mat hire Frëndinnen a mat hire Frënn fräi entfale kënnen. An de leschte Joren hu mir och grouss Efforte gemaach, fir eng héich Qualitéit an der Kannerbetreuung opzebauen. Nodeems mer schonn 20 Stonne gratis Kannerbetreuung an de Crècheen agefouert hunn, fir all Kand fréi eng héichwäerteg Sproocheförderung ubidden ze kënnen, wäerte mir vun der nächster Rentrée un och d'Maison relais gratis maachen, dëst während de Schoulwoche vu moies siwen Auer bis owes siwen.

D'Kannerbetreuung ass an onser Zäit net méi ewechzedenden. D'Kannerbetreuung wäert awer och an Zukunft just eng Offer sinn, déi de Staat an d'Gemengen den Elteren ubidden. Et bleift den Elteren hire fräie Choix, ob a wéi vill si heivunner Gebrauch wëlle maachen. Mir wëllen d'Elteren onofhängeg vun hirer Entscheedung och ënnerstëtzen. Dofir wäerte mer an all de 15 Schoulregiounen Elterefore schaffen. Hei kréien d'Elteren Informatiounen a Rotschléi iwwert d'Entwécklung an d'Ënnerstëtzung vun hirem Kand.

Nieft de Kanner hunn och ons eeler Matbierger déi lescht Méint eng wäertvoll Zäit vun hirem Liewe mat Aschränkunge verbruecht. Mir sinn et hinne schëlleg, dass mir och hir Liewensqualitéit weider verbessern. Déi geplangt Investitiounen an d'Infrastrukturen am Senioreberäich befanne sech op Héchstniveau. De Familljeministère huet fir déi nächst Joren am Beräich vun de Strukture fir eeler Leit Projeten an enger Héicht vun iwwer 600 Milliounen geplangt. Dat si souwuel Better, déi sollen nei geschafe ginn, wéi och bestoend Better, déi sollen nei amenagéiert ginn, fir dass si den haitege Standarden entsprechen.

Scho virum Ufank vun der Pandemie hat d'Regierung e Projet an der Chamber deposéiert mam Zil, d'Qualitéit vun de Services fir eeler Leit ze erhéien. Mir schaffen e Regëster, fir d'Präisser an den eenzel Haiser méi transparent ze gestalten. D'Personal soll och nach méi spezifesch forméiert ginn. D'Regierung huet am September Amendementer fir dëse Projet ugeholl, déi de Léiere Rechnung droen, déi mir bis elo aus der Pandemie am Senioreberäich konnten zéien.

D'Pandemie huet gewisen, Här President, dass d'Digitaliséierung e wichtegt Instrument fir eeler Leit ka sinn, fir de soziale Kontakt zu hire Matmënschen net ofbriechen ze loosse. Déi digital Inklusioun vun eelere Leit gëtt an deem Sënn weider promouvéiert. Grad déi nei Kommunikatiounstechnologien sinn immens wichteg, fir de soziale Kontakt mat Famill a mat Frënn ze halen an esou weider en Deel vun der Gesellschaft ze bleiwen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Mat der Reform vum Accueil gérontologique erméigleche mir et och all eeler Persoun, op eng grouss Offer u Servicer a CIPAen a Fleegeheemer zréckzegräifen.

Och ons Matbierger mat engem physischen oder mentalen Handicap hunn an der Pandemie gelidden. Vill ënnert hinne si besonnesch vulnerabel an hunn a permanenter Angscht virum Virus gelieft.

En Handicap dierf keen Ausschlusskrittär an onser Gesellschaft sinn. De Familljeministère huet eng ganz Rei un Initiative lancéiert, fir all de Mënsche mat Handicap zu Lëtzebuerg e gläichberechtigt Liewen ze erméiglechen. D'Regierung huet sech Enn 2019 en neie Fënnforesaktionsplang ginn, deen an Zesummenaarbecht mat Leit aus dem Secteur vum Handicap a mat behënnerter Leit ausgeschafft ginn ass. D'Zil vun dësem Plang ass et, fir ons Gesellschaft méi inklusiv ze maachen duerch eng Rei vu Projeten a ville verschidde Beräicher.

D'nächst Joer wäert och de Familljeministère eng grouss Sensibiliséierungscampagne starten, fir op d'Besoinen a virun allem op d'Stärkte vu Leit mat enger Behënnerung hinzewiesen. An deem Kader ginn och nei Formatiounen fir ganz ënnerschiddlech Berufsgruppen ugebueden, déi mat behënnerter Mënschen a Kontakt sinn.

An deenen nächste Jore wäerten eng Rei nei, innovativ Wunnprojeten entstoën! Hei kënnen Leit mat enger Behënnerung esou liewen, wéi si sech et wënschen.

Eng weider Prioritéit ass d'Verbesserung vun der Accessibilitéit vun den ëffentlech zougängleche Gebaier. Mam Gesetzesprojet iwwert d'Accessibilitéit vun den ëffentleche Plaze soll d'Diskriminatioun vu Leit mat enger Behënnerung der Vergaangenheet ugehéieren. An Zukunft muss all neie Bauprojekt d'Prinzipie vum „Design for all“ respektéieren.

De LISER mécht eng Etüd, fir en neie Finanzéierungssystem op d'Been ze stellen, deen déi individuell Besoinen vu Leit mat enger Behënnerung verstärkt en compte hält. Dësen neie Finanzéierungsmodell ass als „Budget fir perséinlech Assistenz“ ugeduecht, deen als Haaptzil huet, Leit mat enger Behënnerung e méi selbstbestëmmt Liewen ze erméiglechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, onst gesellschaftlecht Zesummeliewen huet sech an de leschte Méint staark verännert. De Virus huet eng enorm Well vu Solidaritéit a Matmënschlecheit ausgeléist. Ech sinn houfreg op d'Nächstelëft, mat där mir Lëtzebuurger een op deen aneren opgepasst hunn. Mir hu während ville Méint op onst normal Liewe verzicht, fir ons Matmënschen a besonnesch och déi vulnerabelst Matmënschen an onser Gesellschaft ze schützen.

Elo wou mir dem Enn vun der Pandemie ëmmer méi no kommen, mussen mer ons mat der Fro beschäftegen, wéi mir onst Liewen nom Virus gestalte wëllen. Wéi wëlle mir als Gesellschaft zesummeliewen?

D'Zesummeliewe spillt sech op villen Niveaueen of. Mir hunn zu Lëtzebuerg d'Chance, an enger Gesellschaft ze liewen, déi aus Mënsche mat ganz ënnerschiddlechen Hannergrënn besteet. D'Regierung wëllt dat interkulturellt Zesummeliewe stäerken. Mir hunn dofir och eng breet Consultatioun lancéiert, déi um Enn als Basis fir en neit Integratiounsgesetz dënge soll. Mir wäerten och d'Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch weider stäerken, mat neien Offeren a Sproochecoursen.

D'Pandemie huet ons gezwongen, physischen Ofstand zu onse Matbierger ze halen. Ëmsou méi wichteg ass et, no der Kris dat sozialt Zesummeliewen an d'Liewensqualitéit vu jiddwerengem Eenzen nach méi staark ze féideren.

An de leschte Méint si vill Mënschen a sech gaangen an hunn hir Prioritéiten am Liewen nei sortéiert. De Facteur „Zäit“ ass nach méi an de Fokus vu ville Leit geréckelt: Zäit fir sech selwer, Zäit fir seng Léifsten, Zäit fir al oder nei Hobbyen, déi ee souguer entdeckt huet. De Virus huet onst Liewen zum Deel entschleunegt. An ëmmer méi Mënsche stelle sech d'Fro, ob si zu hirem fréiere stressegem Alldag zréckgoen wëllen.

Et ass d'Fro vun der Work-Life-Balance. Jo, d'Aarbecht ass wichteg, net nëmme fir déi eenzel Persounen, mee och fir de gudde Fonctionnement vun onser Gesellschaft. Mir liewen awer net fir ze schaffen, mir schaffen, fir besser ze liewen!

■ **Une voix.** - Ganz richtig!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Méi Zäit fir d'Liewen, dat ass e grouss Wonsch, dee mir de Mënschen och erfëlle wëllen!

D'Regierung huet hei besonnesch fir d'Eltere scho villen erreecht, virun allem am internationale Verglach. A weinege Länner op der Welt gëtt et esou generéis Reegelen beim Mammen- a Pappengong esouwéi beim Congé parental. Mir erméiglechen den Elteren zu Lëtzebuerg däitlech méi Zäit mat hire Kanner. Mir hunn et fäerdegbruecht, dass Fraen a Männer sech zu Lëtzebuerg net tëschen hirem Beruf an hirer Famill mussen entscheiden. Mir schaffen weider drun, fir den Elteren nach méi Flexibilitéit an Zäit mat hire Kanner ze erméiglechen. Den Aarbechtsminister an d'Familljeministesch sinn amgaang, e Work-Life-Balance-Pak op d'Been ze stellen.

Mir wäerten e Recht op Deelzäit aféieren! Fir dass d'Deelzäitarbecht net zulaaschte vun den zukünftigen Pensiounsrechter geet, wäert de Staat en Deel vun de Cotisatiounen iwwerhuelen. Während enger gewëssener Zäit dierfen d'Leit, déi vun hirem Recht op Deelzäit Gebrauch gemaach hunn, erëm op hir voll Tache zréckkommen.

De Work-Life-Balance-Pak wäert och eng Mesure virgesinn, déi Eltere belount, déi zu zwee de Congé parental geholl hunn! Esou wëlle mir eng gerecht Rollenopdeeling an de Familljen zousätzlech féideren.

D'Pandemie huet d'Virdeeler vum Teletravail nach eng kéier ganz däitlech ervirgestrach. Vill Salariéen hunn déi positiv Niewewierkunge vun dëser sanitärer Mesure erlieft: Manner Zäit um Aarbechtswee bedeit méi Zäit fir sech selwer, fir d'Famill, fir d'Frënn a fir d'Hobbyen.

Ech si frou, dass d'Sozialpartner en Accord fonnt hunn, wéi den Teletravail zu Lëtzebuerg och dauerhaft eng attraktiv Alternativ zum Schaffen um Büro ka ginn. Gläichzäitig hunn d'Gewerkschaften an d'Patronat sech op e Recht op Dekonnexioun gëeenegt, dat d'Liewensqualitéit vun de Salariéen an hirem Doheim nach eng kéier stäerkt. Et lafen och Gespréicher tëschen dem Ministère fir d'Fonction publique an der CGFP, fir iwwert d'Kris eraus am ëffentlechen Déngscht en attraktiven Teletravailsmodell auszuschaffen.

D'Regierung huet mat bilateralen Accorden mat onsen Nopeschlänner derfir gesuergt, dass och d'Frontaliere vun doheim aus schaffen konnten, ouni steierlech oder sozialrechtlech Nodeeler ze hunn. Mir konnten dës Reegeling nach eemol bis d'Enn vum Joer verlängeren. Mat der Belsch hu mer esouguer en Accord fonnt, fir d'Unzuel vun de méiglechen Deeg am Teletravail dauerhaft vu 24 op 34 ze erhéien. Mir hoffen, och mat onsen Nopeschlänner Frankräich an Däitschland déi selwecht Léisungen oder änlech Léisunge kënnen ze fannen.

Mir hunn an de leschte Méint awer och d'Limite vum Teletravail kenne geléiert. Et gëtt vill Beruffer, déi net kënnen vun doheim ausgeübt ginn. Dat ass eng Realitéit. Vill Wunn- oder Familljekonstellatiounen maachen d'Schaffen doheim och zur Herausforderung, jo, bal onméiglech! Mir gesinn och, dass ze vill Teletravail - an dat soll een net ënnerschätzen - zu mentale Problemer ka féieren, well de soziale Kontakt einfach feelt.

Den Teletravail eleng kann also net d'Léisung sinn! Mir dierfen awer och net bei onsem aktuelle Modell bleiwen, wou Honnertausende Mënschen aus allen Himmelsrichtungen all Dag an den nämmelech Ballungsraum schaffen furen.

D'Regierung wäert dofir d'Dezentraliséierung vun den Aarbechtsplaze weider virundriewen. Onst Zil ass et, d'Wunnen an d'Schaffe méi no beieenezebréngen. Idealerweise huet all Mënsch d'Méiglechkeet, a senger Regioun eng Aarbechtsplaz ze fannen. Mat de véier Plan-sectorellen hu mir ons déi néideg Instrumenter ginn, fir eng méi intelligent Landesplanung kënnen ze gestalten. Si sinn den 1. März vun dësem Joer a Kraaft getrueden.

Mir schaffen och weider un enger konkreter Ëmsetzung vu sougenannte Coworkingspaces. Dëst si Bürosraim, déi dezentraliséiert an all de Regiounen vum Land vun ënnerschiddleche Betriber kënnen genotzt ginn. Coworkingspaces verkierzen also den Aarbechtswee, schafe méi Liewensqualitéit a stäerken och d'Regiounen. Si erlaben et deene Leit, déi net onbedéngt um Haaptsite vun hirem Betrib schaffen müssen, op en alternative Büro an hirer Regioun kënnen zréckzegräifen.

Mir sinn a Gespréicher hei mat der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, déi ons och allen zwou zougesot hunn, eng Enquête ënnert hire Memberen ze maache fir erauszefannen, wéi héich genee de Besoin fir esou Coworkingspaces bei de Betriber ass. Och d'Fonction publique wäert hir eenzel Verwaltungen a Services uschreiwen, fir de Bols ze fëllen an och de Beamten an Zukunft dezentralt Schaffen ze erméiglechen.

Wa mir ons nach eng kéier bewosst gi sinn, wéi wichteg Zäit fir ons Léifsten an Hobbyen ass, dann huet ons dat lescht annerhalft Joer och nach eemol gewisen, wéi wichteg Kultur a Sport fir onsen Alldag sinn. Erëm op e Museksfestival kënnen ze goen, an den Theater, an de Kino oder op eng Liesung goen: Dat war fir vill Leit no Méint vu Verzicht de Beweis vun enger Normaliséierung vun hirem Liewen!

Et war ons wichteg, an engem sécheren Ëmfeld kënnen erëm opzemaachen. Dobäi hu mir och gesinn, wat mir nach besser kënnen maachen, an hu ganz séier reagiert: De Mechanismus vum Gesetz vum professionellen Artist an Intermittent du spectacle huet fonctionéiert. Iwwert dee Wee konnten zousätzlech finanziell Hëllef gräifen. Well awer net all Kënschtler an net all Kënschtlerinnen exklusiv vun hirer Konscht liewe kann, féiere mir de Congé culturel nees an.

Mir wëllen ons Muséeën, Concerten an divers kulturell Evenementer och engem méi grouss Public zougänglech maachen. Mir bilden zesumme mam House of Training an der Œuvre nationale de secours Grande-Duchesse Charlotte nei Mediateur-culturellen aus, déi Konscht a Kultur geziilt de Mënsche vermëttele sollen.

Mir freeën ons all elo schonn op Esch2022 mat sengem räichhaltege Programm, deen ons Südregioun vum Land kulturell nohaltege verännere wäert.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - D'Wichtigkeet vum Sport an der Bewee-

gung huet sech och - a besonnesch an Zäite vun der Pandemie - bewisen, dëst net nëmme fir déi physisch Gesondheet, mee awer och fir dat mental Wuelbefannen.

D'Regierung ass amgaangen, den zweete Relanceplang am Sport ëmzesetzen. Mir ënnerstëtzen hei besonnesch d'Veräiner, andeems mer d'Elteren och encouragéieren, hir Kanner an engem Veräin anzuschreiwen. Mir offrëieren dofir all Kand e Bong „Go to Sports“. Mat dësem Bong erlabe mir et all Kand, déi Sportart an engem Veräin auszeüben, déi him am beschte gefält, onofhängeg vu finanziellen Contrainten.

Fir d'Sportswelt ass och de Benevolat an de Veräiner e wichteg Sujet, dee mir wäerten ugoen. Mir hunn dofir eng Campagne lancéiert, fir nei Benevolen ze rekrutéieren. Gläichzäitig valorisiere mer de Benevolat am Sport, andeems mer de Congé sportif méi attraktiv gestalten. En entsprechende Projet de loi gëtt am Moment am Sportsministère ausgeschafft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn an der Pandemie vill iwwer onse Fonctionnement als Gesellschaft geléiert a mir wäerte méi wéi eng Léier aus de leschte Méint zéien, fir an Zukunft nach besser ze liewen.

Mir kruten awer och an Erënnerung geruff, wéi speziell d'Situatioun an onsem Land an an Europa ass. Besonnesch d'Zoumaache vun de Grenzen huet ons bewosst gemaach, wéi vernetzt a wéi ofhängeg mir vun onsen Nopere sinn. Dat betrëfft engersäits de Wuerentransport, awer natierlech och déi vill Frontalieren, déi all Dag bei eis schaffen kommen. Ouni si wier onse Gesondheetssystem kollabéiert. Mir sinn an essenzielle Beräicher op d'Frontalieren ugewisen. Dofir sinn ech frou, dass mir et mat onsen Nopere fäerdegbruecht hunn, dass d'Frontalieren zu all Moment d'Grenze fräi passéiere konnten. A gleeft mer, dat war net selbstverständlech!

Mir hunn nach ni esou vill mat onsen Nopere an der Groussregioun zesumme geschafft wéi an deene leschten 18 Méint. Am Mëttelpunkt vun de politeschen Diskussiounen stoung, nieft der Situatioun op de Grenzen, déi sanitär Kooperatioun. Mir sinn ënner anerem amgaangen, e gemeinsame Pandemieplang auszuschaffen.

Och bei der Héichwaasserkatastroph war d'Solidaritéit tëschen den Nopere grouss. Ons Secouriste waren an Däitschland souwéi an der Belsch fir ze hëllefen. Och Lëtzebuerg krut Hëllef ugebueden aus de Regiounen Moselle a Meurthe-et-Moselle. Dat beweist, dass mir an der Groussregioun solidaresch sinn an intensiv zesummeschaffen.

Um leschte Sommet vun der Groussregioun gouf eng Strategie opérationnelle transfrontalière ugeholl. Dës Strategie ëmfaasst 35 Projeten an de Beräicher Mobilitéit, Formatioun, Holzindustrie, Kreeslafwirtschaft a Waasserverwaltung. D'Zil ass et, zesumme mat onsen Nopeschregiounen eng nohaltege Strategie fir d'Zukunft kënnen auszuschaffen.

Do dernieft sollen d'Acteuren aus der Industrie an aus der Fuerschung méi matenee vernetzt ginn, fir den digitale Wandel an der Groussregioun besser a méi séier kënnen ze gestalten. Dofir sollen an de Partnerregiounen European Digital Innovation Hubs ageriicht ginn.

Dëst Zesummeschaffe soll an Zukunft am europäesche Kader nach besser an och méi einfach méiglech sinn. Dofir huet sech de Sommet vun der Groussregioun offiziell un d'Europäesch Unioun adresséiert, fir der spezifischer Situatioun vu Grenzregiounen méi Bedeitung ze ginn.

Och wann d'Kooperatioun mat onsen Nopeschlänner während der Kris an de meeschte Fäll gutt fonctionéiert huet, hu mir awer geléiert, dass mir Lëtzebuerg nach méi onofhängeg vun internationale Liwwerkette maache müssen. Mir müssen!

D'Regierung wëllt déi lokal Produktioun vun essenziellen Produkter, besonnesch vu Liewensmëttel, nach méi staark féideren. Et ass mir wichteg, d'Lëtzebuurger Landwirtschaft besonnesch ervirzestrichen. Si huet an der Covidkris hir Aktivitéite weidergefouert an et stoungen ons ëmmer genuch Liewensmëttel hei am Grand-Duché zur Verfügung. Ëmmer!

Ëmmer méi Leit froen och no regionale Produiten, déi fir si am Fong eng Qualitéitsgarantie duerstellen. De Landwirtschaftsministère wäert dofir de Fokus weider op d'Promotioun vu biologeschen, regionalen a saisonalen Produkter setzen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - D'Regierung huet och dem Agrarsector gehollef, mat cibléierten Hëllef a mat engem Relancepak besser duerch d'Kris ze kommen. Bis haut goufen insgesamt 3,6 Milliounen Euro un Hëllef ausbezueelt.

Mir setzen awer och Akzenter fir d'Zukunft. Esou ass engersäits d'Agrargesetz ugepasst ginn, fir eng méi ëmweltfrëndlech Landwirtschaft kënnen ze féideren. Anerersäits setze mir och e méi grouss





Schwéierpunkt op d'Innovatioun. Mir wëllen esou d'Landwirtschaft zu onsem Alliéierten am Kampf géint de Klimawandel maachen.

Här Chamberspresident, Dir Dammen an Dir Hären, iwwerall do, wou d'Digitaliséierung eng kloer Plus-value mat sech bréngt an d'Liewensqualitéit erhéicht, wäert se sech duerchsetzen. Dat hu mer besonnesch an de leschte Méint gutt gemierkt. Genée dat ass och de Prinzip, wéi mir als Regierung dës Erausforderungen ugin. De Fortschritt muss dem Mënsch déngen an net ëmgedréit. De Wiessel vun analog op digital muss Verbesserung mat sech bréngen, d'Liewe méi einfach maachen, an zwar fir jiddwereen, an net just fir e klengen Deel vun onser Bevëlkerung.

D'Pandemie huet dozou bäigedroen, dass d'Digitaliséierung e grouse Sprong no vir gemaach huet. De CovidCheck, den europäeschen Impfcertificat an déi ganz Organisatioun an Duerchféierung vun der Teststrategie ewéi awer och vun onser Impfcampagne wieren ouni digital Léisungen net dee Succès ginn, dee se haut sinn.

Den Digitaliséierungsministère huet an de leschte Méint bestoend digital Produkter verbessert an dem Bierger nei Servicer proposéiert, déi em d'Liewen och vereinfachen. D'Unzuel - ech ginn lech just d'Zuelen - vun den digitalen Demarchë geet ëmmer méi an d'Luucht an ëmmer méi Bierger profitéiere vun dëser Offer: 2020 si méi wéi 2,2 Milliounen Demarchen iwwer MyGuichet.lu gemaach ginn. Bis Ufank Oktober 2021 waren et der schonn 2,9 Milliounen. 2020 2,2 an elo bis Oktober eleng schonn 2,9 Milliounen iwwer MyGuichet.lu!

Mir hu jo déi nei MyGuichet.lu-App och, déi kënn Der jo um Telefon telechargéieren. Déi ass scho méi wéi 150.000-mol erofgeluede ginn. Hei kënnen d'Bierger op hire mobile Geräter zu all Moment op hir perséinlech Informatiounen an Dokumenter zougräifen. D'App erlaabt et den Notzer awer och, vun iwwerall aus administrativ Demarchen einfach an onkomplizéiert iwwert de Smartphone ze maachen. Den Digitaliséierungsministère entwéckelt dës Service permanent weider, soudass de Bierger ëmmer méi Demarchen iwwert d'App ka maachen an déi gewinnte MyGuichet.lu-Fonctionnalités ëmmer grëffbereet um Handy huet.

D'Regierung wäert sech déi nächst Méint weider intensiv derfir asetzen, fir déi digital Transformatioun vun dësem Land virunzedeiwen. Esou wäerte mer de Projet vun automatiséierte Remboursement vun Dokteschrechnungen realiséieren. Mir schaffen zesumme mat der AMMD eng App aus, déi spéitstens am Januar 2023 fonctionéiere soll.

Bei all Effort, Lëtzebuerg weider ze digitaliséieren, vergësst d'Regierung awer net déi Leit, déi nach Schwieregkeeten hunn, fir sech an där digitaler Welt zurechtzufannen. De Regierungsrout huet viru Kuerzem de Plan d'action national d'inclusion numérique ugeholl. Dës Plang gesäit eng ganz Rei vu Mesurë vir, fir déi digital Inklusioun vun onser Gesellschaft och ze garantéieren.

Och d'Mediellandschaft gëtt ëmmer méi digital. Besonnesch an der Pandemie hu sech vill Bierger och online informéiert. Mir sinn och op eng gutt opgestallte Press ugewisen. Journalistinnen a Journaliste sinn e wichteg Pilier vun onser Demokratie. Si sinn och ons éischt Schutzmauer géint Desinformatioun am Internet. Dofir huet d'Regierung d'Journalisten an de Mëttelpunkt vun der neier Pressehëllef gestallt an d'Hëlfelefen un dat digitaalt Zäitalter ugepasst.

Mir sinn ons bewusst, dass eng gutt journalistesche Aarbecht nëmme dann och méiglech ass, wann d'Journalisten en effikassen Zougang zu Informatiounen hunn. Mir sinn amgaangen, e Bilan vun Transparenzgesetz ze maachen. Mir wäerten och an Zesummenaarbecht mam Conseil de presse d'Circulaire iwwerschaffen, déi den Accès op d'Informatiounen aus Ministère an Verwaltungen reegelt.

Mir brauchen d'Digitaliséierung, fir déi grouss Erausforderungen ze meescheren, déi ech virdrun opgeléicht hunn.

Fir dass dat awer iwwerhaupt ka funktionéieren, muss mer weider och an déi néideg Infrastrukturen investéieren, an dofir hu mir och eng Neioplag vun onser Breetbandstrategie decidéiert a viru Kuerzem am Regierungsrout ugeholl. Déi éischt Lëtzeburger Breetbandstrategie war deemools schonn ambitiéis an och e Succès. Mir hunn haut eng vun de beschten Telekommunikationsinfrastrukturen op der Welt a gi reegelméisseg an d'Top Ten klasséiert. Mat engem fundamentalen Update vun dëser Strategie gi mir elo nach e Schrëtt méi wäit, an zwar am richtege Sënn vun Wuert.

Mir ginn dee Schrëtt, deem esouwuel d'Entreprise zu Lëtzebuerg, mee och déi eenzel Bierger am Alldag wäerte mierken. Grondsätzlich geet et drëm, dass jiddwereen, egal wou en am Land wunnt, Accès kritt op déi beschtméiglech Konnexioun. Et dierf keng geografesch an och keng sozial Fro sinn, ob ee vu séierem Internet ka profitéieren oder net. Dat ass haut nach net ganz de Fall. Et gi souge-

nannt „white spots“, also Plazen am Land, wou nach kee séieren Internet disponibel ass. Oft sinn et just déi lescht puer honnert Meter oder, wéi et dacks bei Appartementshaier ass, de Kabel, deem zwar am Keller läit, mee net bis dohinner geet, wou d'Leit wunnen. Mat der Breetbandstrategie 2021 bis 2025 wëlle mir dat änneren.

D'Zil ass, dass de Staat mathëlleft ze erméiglechen, dass notament a Residenzen, wou de Fiber läit, mee aus wéi enge Grënn och ëmmer nach net vertikal duerch d'Haus gezunn ass, mee horizontal am Keller läit, déi respektiv Proprietären a Syndikater incitéiert ginn, genée dat ze maachen, fir dass en och dann op deene verschiddene Stäck ukënn.

Zil ass et och, dass d'Lächer am Land zougemaach ginn, andeems mir Lächer opmaachen. Oft feelt et nëmme an e puer honnert Meter Fiber, fir dat eent Enn mat deem anere kënnen ze verbannen. De Staat wäert zesumme mat den Operateuren, mee och zum Beispill mat de Gemengen do agéieren, wou et néideg ass, an hëllefen, déi Meter, déi feelen, duerch e Rouer ze kréien.

Eng gutt Konnexioun dierf keng sozial Fro sinn. Dofir féiere mir och nei Subsidien a fir Haushalter, déi sech den Schloss un e séieren Internet net leeschte kënnen. Mir hu fir dës Strategie an enger éischter Phas 7,7 Milliounen Euro am Budget 2022 virgesinn.

Mir wäerten och weider den Ausbau vun 5G ënnerstëtzen a begleeten. Esou wéi bei allen anere Projeten an deem Beräich och, ass et evident, dass de Mënsch virun der Technik steet a mir keng onnéideg Risiken aginn.

Lëtzebuerg ass en digitale Frontrunner a mir hunn an de leschten zéng Joer enorm vill erreicht. Et gëllt awer elo, deem nach eemol eng Käier e richtege Boost ze ginn, fir dass d'Attraktivitéit vun onsem Land och als Wirtschaftsstanduert bestoe bleift. Den High-Performance-Computer MeluXina ass sécherlech ee rezent Beispill, dat weist, wéi mir dat och konkret ëmsetzen. Déi nächst Etapp an deem Kontext ass, dass mir och am Beräich vun Cloudcomputing eng Schëpp wäerte bäileen an do investéieren, wou et néideg ass.

Mir wäerten ons Strategie an der AI, also der kënschtlecher Intelligenz, weider ëmsetzen. Lëtzebuerg ass och en zentralen Acteur vun EU-Aktionsplang am Quantumcomputing.

Mir investéiere verstärkt an d'Cybersécherheet, hunn eng Plattform kreéiert fir den Echange vu Metadaten an der Recherche. Mir schaffen en enger Zort „digital twin“ vun onsem Land och am Energieberäich. Um Automotive Campus ginn innovativ Projeten iwwert d'e-Mobility an autonomot Fueren zu Lëtzebuerg entwéckelt. Dee Beräich vun de FinTechs gëtt ëmmer méi zu engem Pilier vun Secteur.

Mir si mat virbäi, mee wa mir stoe bleiwen, gi mer iwwerholl. An ech kann lech et soen, ganz séier gi mer iwwerholl, a méi séier, wéi mir ons et kënnen virstellen! Dofir wäert dës e Beräich sinn, wou mir net just wëllen, mee müssen investéieren a vill Energie drop verwenden.

D'Digitaliséierung bitt ons awer net nëmme Chancen, mee stellt ons och virun Erausforderungen. Dat ass nieft der Cybersécherheet besonnesch och fir d'Aarbecht wouer. D'Aarbechtswelt vu muer wäert eng aner si wéi déi vun haut. Et wäerte Berufler verschwannen an nei Berufler entstoën, déi mir haut iwwerhaupt nach guer net kennen. Dat ass u sech e ganz normale Prozess, dee mir och schonn an der Vergaangenheet kannt hunn, mam Ënnerschied, dass d'Digitaliséierung sech an engem rasanten Tempo weiterentwéckelt.

Mir mussen fir dës Entwécklung prett sinn. Mir kënnen net zouloossen, dass Dausende Mënsche risquéieren, hir Aarbechtsplaz ze verléieren an Zukunft. Mir lancéieren dofir eng Weiterbildungsoffensiv, fir all dës Leit prett ze maachen, soudass si och an enger digitaler Aarbechtswelt hir Plaz fanne kënnen. Reskilling an Upskilling si Schlagwierder, déi schonn d'Tripartite am leschte Joer dominéiert hunn. D'Regierung schafft zesumme mat de Sozialpartner u Mesuren a Programmer, déi et ons erlaben, séier an onkomplizéiert d'Employéen op d'Aarbechtswelt vu muer ze preparéieren.

D'Explosioun vun de konnektéierte Géigestänn féiert dozou, dass de Risiko vu Cyberattacke permanent zouhëlt. Cyberattacke sinn haut eng Realitéit, dat mir ons och stelle müssen. Et ass d'Aufgab vun Staat, fir zesumme mat der Wirtschaft, der Recherche, awer och mat de Bierger derfir ze suergen, dass d'Sécherheet vun Cyberspace esou wäit wéi méiglech assuréiert ass.

Genau hei setzt déi nei Cyberstrategie un, déi d'Regierung fir den Zäitraum 2021 bis 2025 ugeholl huet. Eent vun de strateegesch Objektiv handelt vun der Stärkung vum Vertrauen an déi digital Welt. Cybersécherheet geet net ouni de Mënsch. D'Bierger müssen informéiert sinn, wéi se sech am beschte schützen kënnen. Mir verstärken dofir och d'Sensibiliséierungscampagnen, besonnesch an

der Schoul a bei deene Jonken. D'Cybersécherheet gëtt en Deel vun edukative Prozess.

De GOVCERT ass chargéiert, zesumme mat ëffentlechen a mat privaten Acteuren, all relevant Informatiounen iwwer méiglech Attacke reegelméisseg an engem detailléierte „Cyber Weather“ zesammenzebréngen, fir esou e besseren Iwwerbléck ze kréien, wéi enger Zort vun Attacke mir ausgesat sinn. Mir wäerten d'Zäitspan fir d'Detektioun vun enger Attacke drastesch verkierzen. Mir wäerten e System en place setzen, fir Anomalien am Internettrafic ze detektéieren an d'Acteure fréizäiteg virun enger méiglecher Attacke eeben och kënnen ze warnen.

Déi lescht Woche war de Sujet vun der Sécherheet ganz dominant am ëffentlechen Debat. D'Sécherheet net an der digitaler Welt, mee an onse Stied a besonnesch am Garer Quartier. Eent ass ganz kloer: Et dierf keng Plaz zu Lëtzebuerg ginn, wou ee sech net sécher spiert!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Et ass awer geneesou kloer, dass een an dëser Diskussioun net alles dierf an een Dëppe geheien.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Jo, et gëtt Kriminalitéit zu Lëtzebuerg, déi sech oft op e puer weinege Plazen am Land konzentréiert. Jo, mir müssen derfir suergen, dass onse Rechtsstaat effikass géint dës Kriminalitéit och ka virgoen!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Mee de Sujet, besonnesch op der Stater Gare, ass méi villschichteg.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Aus deem Grond huet och d'Regierung an de leschte Wochen a Méint un engem ganze Pak vu Mesurë geschafft, mat deene mir alle Leit an de concernéierte Quartieren hëllefe wëllen. Dës Pak gesäit nieft enger méi staarker Polizeipresenz ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - ... an neien Instrumenter, mat deenen d'Police fir Sécherheet suerge kann, och sozial Mesurë vir, déi de Mënschen an Nout nei Perspektive schafen. D'Police kritt déi néideg Moyenen, fir um Terrain present ze sinn. Bis 2023 wäerte mir iwwer 600 Polizisten an 240 Zivilisten astellen, fir esou den Effectif vun der Police massiv opzestocken. D'Police muss awer och déi néideg Ënnerstëtzung kréien duerch eng koordinéiert preventiv Aarbecht vun de kompetenten Acteuren.

An dësem Pak proposéiert d'Regierung och eng éischt Etapp an der Upassung vun onser Drogepolitik. Mir huelen dobäi esouwuel de preventive wéi de repressive Volet mat a Betrecht.

De gesamte Mesurëpak wäert an engem vun den nächste Regierungsrëit ugeholl ginn a gëtt da vun de concernéierte Ministeren der Ëffentlechkeet virgestallt.

D'Sécherheet ass och e Sujet, deem um internationale Plang ëmmer erëm méi aktuell gëtt. D'Evenementer an Afghanistan hunn ons kloer gewisen, dass d'Europäesch Unioun eng Debatt ronderëm hir Sécherheet an d'Verdeedegungspolitik muss féieren.

Allgemeng liewe mir an enger Zäit voller Erausforderunge fir d'Europäesch Unioun. De Covid huet ons an Erënnerung geruff, dass oppe Grenzen a Beweegungsfräiheet keng Selbstverständlechkeet sinn. Loin de là!

D'EU huet awer och Erfolleger an der Pandemie opzewiesen. Déi europäesch Impfcampagne war no engem wackelege Start e volle Succès. Keen anere Kontinent huet um Dag vun haut méi Bierger gepflegt wéi Europa. Andeems mir ons bei der Commande vu Vaccinen zesummedoen hunn, konnte mir sécherstellen, dass all Memberstaat zäitno zu engem korrekter Präis genuch Vaccine geliwwert kritt.

Am Juli d'lescht Joer hunn d'Staats- a Regierungschefte vun der EU sech net nëmme op en EU-Budget vun iwwer 1.000 Milliarden Euro fir déi nächst siwe Joer géeneegt. D'EU huet mam Next-Generation-EU en historeschen europäesche Relanceplang iwwer 750 Milliarden Euro decidéiert, deem d'Transitioun op eng nohaltege an digital Ekonomie no Covid begleet soll. De Lëtzeburger Plan pour la reprise et la résilience war ee vun deenen éischten, déi vun der Kommissioun approvouéiert goufen, an zwar schonn am Juni dës Joer. Heider wäerten zu Lëtzebuerg zu engem groussen Deel ökologesch an digital Projeten ënnerstëtzt ginn.

D'Zukunft vun europäesche Kontinent kann nëmme op der Basis vun engem staarken Rechtsstaat geléngen. Mënscherechter a Grondfräiheete sinn net verhandelbar.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Onofhängegkeet vun der Justiz, Pressefräiheet a fundamental Rechter: An enger Partie Memberstaate vun der EU sinn dës Piliere vun Rechtsstaat leider net méi garantéiert. D'EU muss handeln, mat deenen institutionellen a juristesche Moyenen, déi ons zur Verfügung stinn. Lëtzebuerg ënnerstëtzt voll a ganz deen neie Konditionalitéitsmechanismus, deem den EU-Budget virun Dysfunktionementer vun Rechtsstaat an de Memberstaate protegéiere soll.

Dës gëllt ëmsou méi am Kontext vun der rezenter Decisioun a Polen, déi d'Fundament vun der Europäescher Unioun a Fro stellt. D'europäesch Integratioun ass kee Sens unique! Et kann een net op där enger Säit vun EU-Hëllefsgelder profitéieren an op där anerer Säit europäesch Prinzipien a Wäerter iwwer Bord geheien!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien! Richtig!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Grad a schwéieren Zäiten ass et ëmsou méi wichteg, international Solidaritéit ze weisen an un der Säit vun den Entwécklungslänner ze stoën, an zumools vun deene vulnerabelste Bevëlkerschichten, déi all Kris als Éischt an am meeschten ze spiere kréien.

Trotz budgetäre Constraints ass Lëtzebuerg dem Prinzip vun 1 % vun RNB, dee mir an d'Entwécklungszesummenaarbecht investéieren, trei bliwwen. Nieft de laufende Programmer huet d'Lëtzeburger Kooperatioun Flexibilitéit gewisen an insgesamt fir 2020 ronn 70 Milliounen Euro contribuéiert, als direkt sanitär oder indirekt sozioekonomesch Contributioun fir d'Bekämpfung vun der Covid-19-Kris an den Entwécklungsänner.

Lëtzebuerg huet seng finanziell Ënnerstëtzung fir global Gesondheetsinitiativen an Organisatioune weesentlech erhéicht, op zwou Milliounen Euro. Mir sinn och e wichtegen Acteur am COVAX-Programm. Lëtzebuerg deelt insgesamt 400.000 Dosissen Impfstoff mat Partnerlänner an Afrika an Asien. Den 13. September gouf eng éischt Liwwerung duerchgefouert: Lëtzebuerg deelt mam Cap Vert 56.000 Dosissen Impfstoff souwéi medezinnesch Ausrüstung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, méi wéi annerhalleft Joer liewe mir elo mam Coronavirus. Et war sécher keng einfach Zäit. Et war net einfach fir d'Mënschen, deenen hir Fräiheete limitéiert waren. Et war nach manner einfach fir déi Mënschen, déi direkt an hirer Famill oder an hirem Bekannte-krees vun Virus getraff waren. Et war och keng einfach Zäit fir d'Betriber - fir hir Patronen an hir Mat-aarbechter -, déi hiren normalen Aktivitéiten net konnte nogoen.

Jo, mir kucken op vill Leed zréck. Mir kucken op Aschränkungen zréck, déi néideg waren, fir ons Matbierger ze schützen a fir d'Lag ënner Kontroll ze halen. Vill eeler Matbierger hunn eng wäertvoll Zäit vun hirem Liewe mat Aschränkunge verbruecht. Vill Jonker ware schonn an engem fräien Alter - jo, an engem ze vill fräien Alter - mam Seriö vum Liewe konfrontéiert.

Mir kucken awer och mat Optimismus an Determinatioun no vir. Well d'Zukunft bitt ons och Chancen: d'Chance, haut eng besser Welt fir muer virzebereeden.

Mir paken de Kampf géint de Klimawandel un. Well mir haut schonn zu Lëtzebuerg d'Auswierkunge vum Klimawandel un der eegener Haut spieren. Well mir onse Kanner an Enkelkanner eng Welt hannerloosse wëllen, an där et sech genau sou gutt liewe léisst wéi haut. Mir setzen op eng intelligent Klimapolitik, déi de Mënsch mat an d'Boot hëlt. Mir wëlle mat de Bierger zesummeschaffen an net géint si. De Klima-Biergerrot wäert de Mënschen zu Lëtzebuerg eng staark Stëmm an der Klimapolitik verschafen.

Mir lauden e Paradigmewissel an der Logementspolitik an, andeems mer mat couragéierte politeschen Decisiounen d'Spekulatioun mat Bauland a Wunnengen aschränken. Gläichzäiteg investéiere mir massiv an de bezuelbare Wunraum, andeems mer de Staat an d'Gemengen zum gréissten Acteur um Wunnensmaart maachen.

Mir halen d'Investitiounen héich, well elo net de Moment ass fir ze spueren.

Mir schaffe weider un engem nach méi staarken sozialen Opfangnetz. Mir entlaaschte besonnesch elengerziend Familjen a Stéit mat klengem Revenue mat Direkthëlfelefen. D'Erhéijung vun der Allocation de vie chère, d'Indexéierung vum Kannergeld an d'gratis lessen an de Schoule komme grad deene Leit zegutt, déi et de Moment am schwéiersten hunn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

De Sozialdialog ass aus dem Erfolgsmodell Lëtzebuerg net ewechzedenzen. An enger Tripartite virum Enn vun Joer wëlle mir zesumme mat de Gewerkschaften an dem Patronat iwwert déi grouss zukünftge Erausforderungen um Aarbechtsmaart schwätzen.





De Virus bitt ons d'Chance, déi richteg Léieren aus de leschte Méint ze zéien. Eng grouss ugeluecht Etüd soll ons dobäi hëllefen, ons besser op eng zukünfteg Pandemie ze preparéieren. Mir wäerten onse Gesondheetssystem weider stäerken a moderniséieren.

Mir setzen dobäi och op d'Digitaliséierung, déi ons a ville Beräicher d'Liewe vereinfache soll.

Mir wëllen onse Kanner déi beschd Zukunftschancë bidden. Mir bauen dofir weider déi schoulesch Offer aus a weiden d'gratis Kannerbetreuung op d'Maisons relais aus.

Mir suergen derfir, dass all ons eeler Matbierger esou liewe kënnen, wéi si sech dat wënschen. Dofir baue mir d'Offer u Better an den Heemer aus a schafen eng transparent a fair Präisstruktur.

Mir wëllen e staarkt Lëtzebuerg an engem staarken Europa. En Europa, dat géengt mat enger Stëmm déi grouss Erausforderunge vun onser Zäit ugeet.

Mir wëlle Lëtzebuerg esou gestalten, dass jiddweree gutt an onsem Land liewe kann, egal ob jonk oder al, onofhängeg dovun, wéi oder wou e gebuer

ass. Mir wëllen e Lëtzebuerg, dat jiddwerengem eng héich Liewensqualitéit erméiglecht.

All dëst wëlle mir zesummen an Ugrëff huelen. Mir wëllen de Bierger eng Stëmm ginn an hinnen nolauschteren. D'Erausforderunge si grouss. Mir hunn nach e laange Wee virun ons. D'Zil ass uviséiert. Loosst ons dës Erausforderungen dofir elo zesummen ugoen!

Et ass onse gemeinsame Wee. Et ass onst gemeinsam Zil.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn dem Här Premierminister Akt vu senger Deklaratioun. Ech soen him Merci fir seng Äusserungen, Äusserungen, déi mer muer de Mëtten am Kader vun der Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun debattéiere wäerten.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnst muer de Mëtten um zwou Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 16.33 heures.)



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance

### 2. Hommage à la mémoire de M. Jup Weber, Député honoraire

- M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance

### 3. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation

- Débat : Mme Martine Hansen (interventions de M. le Premier Ministre Xavier Bettel, M. Michel Wolter, M. le Vice-Premier Ministre François Bausch et M. le Premier Ministre Xavier Bettel) - M. Gilles Baum (interventions de M. le Premier Ministre Xavier Bettel, Mme Martine Hansen et M. Fernand Kartheiser) - M. Georges Engel (interventions de Mme Martine Hansen, M. Fernand Kartheiser, M. le Ministre Dan Kersch, M. François Benoy et Mme Octavie Modert) - Mme Josée Lorsché - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Gilles Baum, M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance, M. Gilles Roth, M. le Premier Ministre Xavier Bettel, M. Gilles Baum, M. Georges Engel, Mme Stéphanie Empain, M. Sven Clement, M. Yves Cruchten, M. le Premier Ministre Xavier Bettel et Mme Myriam Cecchetti) (dépôt de la résolution 1 et des motions 1 à 4) - Mme Myriam Cecchetti (intervention de M. le Premier Ministre Xavier Bettel) - M. Sven Clement (interventions de Mme Myriam Cecchetti, M. Fernand Kartheiser)

### 4. Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement

- Exposé : M. Sven Clement

### 5. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation (suite)

- Débat (suite) : M. Sven Clement

### 6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement

- Exposé : M. Sven Clement

### 7. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation (suite)

- Débat (suite) : M. Sven Clement

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. François Bausch et M. Dan Kersch, Vice-Premiers Ministres ; Mme Corinne Cahen, M. Marc Hansen et M. Franz Fayot, Ministres.**

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Ech maachen d'Sitzung op an ech informéieren, dass eise President mech gebieden huet, fir haut de Mëtteg a muer de Moien ze presidéieren. Hie kritt eng kleng Interventioun gemaach, näischt Graves, an e wäert muer de Mëtten erëm voll am Déngscht sinn. Ben, da musst Der mat mir eens ginn, de Mëtten a muer de Moien.

■ **Une voix.** - Et ass ewéi fréier.

■ **Une autre voix.** - Déi gutt al Zäiten.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Ech géif dann de Premierminister, dee bei eis ass, froen, ob d'Regierung eis eppes matzedeelen huet.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Dat war gëschter de Fall, Här President.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Voilà! An dat wäert muer erëm de Fall sinn. Merci, Här Staatsminister.

### 2. Hommage à la mémoire de M. Jup Weber, Député honoraire

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären dobaussen, ech hunn lech haut déi traureg Noriicht vum Doud vun eisem fréiere Kolleeg matzedeelen, dem Joseph, besser bekannt ënnert dem Numm Jup Weber.

Léif Famill vum Jup, d'lescht Woch ass also eise fréiere Kolleeg, den Éierendéputéierte Jup Weber, am Alter vun 71 Joer gestuerwen. Hie war zéng Joer laang Member an dësem Haus.

De Jup ass, an dat wësse mer alleguer, ee vun de Pionéier vun der grénge Bewegung, vun der grénge Partei hei am Land. Den diploméierte Forstingenieur huet 1983 d'GAP, déi Gréng Alternativ Partei, matgegrënnt. Dat Joer drop ass den Zentrumsolitiker als éischte grénge Politiker an d'Chamber gewielt ginn.

Hien huet sech fir d'Ëmwelt an de Schutz vun de Bëscher agesat a sech géint d'Atomenergie gewiert vun där éischter Stonn un.

De Jup Weber huet sech och an der Chamber méi wéi 100 % fir seng Iwwerzeegungen engagéiert a

kee Blat virun de Mond geholl - heiansdo waren et eebe méi wéi 100 %. An Dir kennt en nach als Rebell. Mir erënneren eis zum Beispill un déi Biller vun enger Manifestatioun 1989: Bei der sougenannter Trapebesetzung vun e puer Députéierten am Chambersgebai, wou méi Rechter gefuerdert goufen, war de Jup Weber an der éischter Rei. An dat bréngt mech derzou, och un en anere Kolleeg ze denken, deen op där anerer Säit an der éischter Rei war: eise léiwe Kolleeg, de Willy Bourg. Dir kënnt lech alleguer dorun erënneren. Déi zwee waren een esou iwwerzeegt wéi deen aneren, mee jiddwereen op senger Säit.

(Hilarité)

1994 ass de Jup Weber als éischte Gréngen an d'EU-Parlament, an d'Europaparlament gewielt ginn. Do huet hie sech dann no engem Joer - Dir gesitt, et ass vill Beweegung a senger Karriär - der ARE, der Europäescher Radikaler Allianz, ugeschloss.

De Jup Weber ass ëmmer erëm seng eege Weeër gaangen an huet heiheim d'GLEI, d'gréng Alternativ, déi Gréng Lëscht Ekologesch Initiativ, an duerno d'Gal, d'Gréng a Liberal Allianz, gegrënnt. Nieft sengen nationalen an europäesche Mandater war de Jup Weber och um lokalpolitesche Plang aktiv. Hie war 18 Méint am Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg an iwwer dräi Joer am Gemengerot vu Jonglënster.

De „grénge Jup“, wéi den Expert fir Naturschutz an Ëmwelt sech selwer genannt huet, war zäitweis, jo, en Enfant terrible an der Lëtzeburger Politik. Hie war awer haaptsächlech en engagéierten Ëmweltschützer, dee ganz fréi erkannt huet, dass de Mënsch e bessert Gläichgewicht an der Relatioun mat der Ëmwelt misst sichen a fannen.

Privat war hien e begeeschterte Museker, och - sécher! - e grousst Talent, huet den Ensembl „Vun Tuten a Blosen“ matgegrënnt an an de 70er-Joren um deemolegen éischte Pirateradio „Grénge Flussfénelchen“ geschwat, dee vun Arel aus gesent huet.

Mam Jup Weber verléiere mer e Mënsch, e Politiker, dee markant war, mat ville Stäerkten, awer och senge Schwächen; e Politiker, dee sech duerch säin Engagement ausgezechent huet; e Politiker, dee vum Terrain komm ass an op den Terrain gaangen ass; e Politiker, dee Saachen a Beweegung bruecht huet; e Politiker, deen och emol mat der

Fauscht op den Dësch konnt schloen, mee mat deem ee grad esou gutt laachen, an heiansdo déi Klatz, déi gedréit gouf, och emol den Dill verfeelt huet. Mee dat war de Jup, esou wéi mer e kannt hunn, e Politiker, dee sech Suergen ëm d'Zukunft vun eis all gemaach huet.

Mir verléieren also net nëmmen e Mënsch, mee en engagéierte Mënsch mat engem staarke Wëllen, an dee Wëllen, dee gëtt vu ganz villen haut weidergedroen.

Senger Famill wëll ech am Numm vun der Chamber, vun eis alleguer, eist déift Matgefill ausdrécken. An lech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, géif ech bidden, dem Jup eng lescht Eier ze erweisen.

(Respect d'une minute de silence)

Ech soen lech Merci.

### 3. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation

Et ass ëmmer schwéier, no esou engem Ufank erëm zu eiser normaler Aarbecht iwwerzegoen. Mee mir wëssen, wat um Programm virun eis steet: den Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun. A mir wäerten elo direkt do dermat ufänken. Dir wësst, dass d'Riedezäit nom Modell 6 festgeluecht ginn ass.

Ech géif direkt och, no der Erklärung vum Staatsminister vu gëschter, der éischter ageschriwwener Riednerin, der Madamm Martine Hansen, fir d'CSV d'Wuert ginn. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Débat

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President.

(Problème de sonorisation)

Anscheinend geet mäi Mikro net, ech kann awer ... Nee?

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Mir müssen dat direkt behiewen.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ech hat dat och schonn eng Kéier!

(Hilarité)

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Jo, an ech souz schonn eng Kéier hei uewen, wéi dat geschitt ass.

(Brouhaha)

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Ech war och schonn eng Kéier hei, an dann hu mer ënnerbrach, also duerfir ...

(Hilarité et brouhaha)

Nee, ech sëtze mech erëm.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Der Madamm Hansen hire Mikro geet net.

(Brouhaha général)

(Résolution du problème de sonorisation)

■ **Plusieurs voix.** - A!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Also, ech wëll lech soen, dass hei ee Knäppchen ass, deen ass esou gutt geséichert wéi eng Maschinerie an iergendengem ganz grouse Land wäit vun hei ewech. An trotzdem muss een iertemlecherweis drukomm sinn. Nee, ech war dat net, well ech kennen dee Knäppchen! Ech kennen dee Knäppchen an ech géif et net woen, en unzepaken, besonnesch net bei der Madamm Hansen.

■ **Plusieurs voix.** - A!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Also, Madamm Hansen, et ass alles an der Rei an Dir hutt d'Wuert. A selbstverständlich gëllt dat doten net als Riedezäit.

(Hilarité)

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President, datt Der mer d'Wuert gitt an och de Mikro ugemaach hutt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei zu Lëtzebuerg wierklech e Bierg vu Problemer am Logement, an der Gesondheet, d'Ekonomie steet viru groussen Erausforderungen, d'Klima,

d'Soziaalt, d'Schoul. A bei esou engem Bierg vu Problemer ass et e bësse wéi beim Vëlofueren: Wann een am Bierg ass, da muss een op d'Zänn bäissen, et muss een drécken, well soss kann et emol virkommen, datt een emol net méi aus de Cliqueten erauskënnst an et fält een ëm.

(Hilarité)

An de Stëllstand geet beim Vëlofueren net an e geet och an der Politik net. Mee just bei der Politik deet en net nëmmen dem Vëlofuerer, der Regierung an dësem Fall, wéi, mee do deet en dem ganze Land wéi. A mir hu leider a ganz villen wichtige Dossiere Stëllstand. Dat soen net nëmme mir; do war och e Leitartikel, zum Beispill, am „Lëtzeburger Wort“: „Verantwortung ist gefragt“, „Die Pandemie darf kein Vorwand für politischen Stillstand sein“.

Här President, de Premier huet gëschter säi Bléck op d'Lag vun der Natioun ginn. Säi Bléck war e bësse verkläert. D'Realitéit ass nämlech knallhaart: De Logement, d'Energiepräisser, déi explodéieren, d'Aarmut hält zou, d'Gesondheitswiesen - dat sinn nämlech definitiv d'Suerge vun de Leit an dat mus-sen och eis Prioritéite sinn.

„Eise Wee. Eist Zil.“ war dem Premier seng Ried iwwerschrwwen. Mir hunn op ville Plazen d'Ziler gesinn, jo. Mee de Wee, fir dës Ziler ze erreechen, war awer op ville Plaze ganz onkloer. Dësen État de la nation bréngt nämlech keng Léisunge fir déi grouss Problemer vum Land.

Als CSV sti mer fir eng konstruktiv Politik. An an deem Sënn wäerte mer lech haut eng ganz Rei vu konkreete Proposen zu de wichtige Sujete maachen. Mir wäerten et nämlech net einfach esou akzeptéieren, datt d'Regierung e bëssem an Schlofmodus ass an duerno direkt an de Walmodus eriwergeet. Et ass nämlech elo Zäit fir ze liwweren.

Ziler setze geet, wéi gesot, net duer.

An ech fänke bei deem Wichtigsten un, wat de Mënsch huet: Dat ass nämlech d'Gesondheet. D'Gesondheet ass fir eis als CSV eng absolutt Prioritéit. Ech wäert elo net op Corona agoen, well dat neit Gesetz gëtt e Méindeg gestëmmt. Do wäert de Claude Wiseler eis Positioun ganz kloer maachen.

Ech wëll just soen, esou wéi d'Gesetz am Moment ausgesäit, riskéiert et definitiv, an eisem Land ze splécken. An et kann och net sinn, datt op weesentleche Froen den Aarbechtsminister dann ëmmer seet: „Ma da muss d'Gericht eeben decidéieren.“ Mee wéi gesot, de Claude wäert e Méindeg do-robber agoen.

Ech wëll awer och eng kleng Situationsbeschreibung maachen, well dat gehéiert och zur Lag vun der Natioun, an duerfir och nëmme ganz kuerz zu der Impfquot: Hei zu Lëtzebuerg si 65 % vun der Bevëlkerung geimpft - nëmme 65 %! -, an net, erëm eng Kéier, wéi de Moie gesot ginn ass, 75 %. Dat ass net éierlech. Et kann ee keng Äppel mat Biere vergläichen. Hei zu Lëtzebuerg sinn et 65 %, Däitschland 68 %, Groussbritannien 72 %, Finnland a Frankräich 75 %, Irland 76 %, Dänemark 77 %, Spuenien 81 % a Portugal 88 %.

Lëtzebuerg ass richteg schlecht am internationale Verglach. An duerfir kënnen mer de Leit leider nach net déi Fräiheeten zrëckginn, déi se an anere Länner scho kënnen kréien.

Här President, ech schwätzen hei net laang ëm de Bräi. D'Regierung huet an der Informationscampagne an an der Sensibiliséierungscampagne zum Impf versot.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - D'Regierung huet ze vill laang den Impfgéigner d'Informationsfeld iwwerlooss. Déi konnten nämlech iwwer Wochen, Méint hir Messagen eriwwerbréngen, ouni datt eng kloer Campagne fir d'Impfen donieft gesat ginn ass, ouni datt kloer Informatiounen do ware fir d'Leit, well d'Leit hate Froen. De Premier hat am Oktober schonns annoncéiert, datt de Vaccin am Dezember kéim. Hie koum dann och Enn Dezember. Informatiounen fir ze sensibiliséieren sinn awer keng erausgaangen.

Enn Februar ass dann e Sechschphaseplang virgestallt ginn. Eng Informationsbroschür an d'Boîte





oder Informationscampagnë soss an de Medie sinn eréischt vill méi spéit ugelaf, an dat och nach net mat där néideger Energie. Vill Leit hu sech net impfe gelooss, well se eebe Froen haten a si kruten déi Froen net beäntwert. Et wär an dësem Fall sécherlech besser gewiescht, manner Pressekonferenzen ze maachen a geziilt d'Leit ze informéieren an ze sensibiliséieren.

Ech wëll just drun erënneren: Mir haten eng deementsprechend Motioun am Januar scho gemaach. Déi war awer superfetatoire, esou wéi d'Majoritéit dat ëmmer seet.

D'Impfen ass déi eenzeg Léisung, fir aus der Kris erauszekommen. Elo zum Beispill kënn endlech en Impfbus bei d'Schoulen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech soen lech et: D'Schoulentrée war de 15. September, net de 15. Oktober! An Dir kënn mer wierklech gleewen: Eng Schoulentrée, déi preparéiert een am Juli an net am September! A genau am Juli hätt och scho misen déi Impfcampagne an de Schoule preparéiert ginn, fir datt se hätt kënnen am September ufänken. Hei ass wichteg Zäit verluer gaangen.

Da sinn och elo endlech Consignë komm fir d'Structure vun den eelere Leit. Ma och hei: Firwat huet dat esou laang gedauert, ier sech dës Regierung beweegt huet? Firwat huet et esou laang gedauert, ier de CovidCheck an de Klinicken, Altersheimer agefouert ginn ass, ier dës Structure méi sécher gemaach gi sinn?

Dat sinn alles Faiten, déi och zur Lag vun der Natioun gehéieren. Ech hu gëschter näischt dovunner héieren an ech fäerte ganz, datt déi warscheinlech och net wäerte vun där annoncéierter OECD-Etüd analyséiert ginn. Mir wëllen definitiv gäre wëssen: Wat huet d'Regierung do konkreet an Optrag ginn? Ech denken, datt d'Chamber do e Recht drop huet an net nëmmen hei eng grouss Annonce, datt mer elo eng OECD-Etüd kréichen.

Hätt hei net déi gesamt Opposition Drock gemaach, hätt net de Michel Wolter Drock gemaach, dann hätte sech d'Madamm Cahen an d'Madamm Lenert an dësem Dossier net beweegt. An dat ass definitiv net just traureg, mee et ass u sech tragesch an och dramatesch.

Dann, Här President, zur Santé am Allgemengen. A well mer jo an der Hallschent vun der Legislaturperiod sinn, wëll ech eemol op den Ufank vu Bettel 2 zrëckkommen.

Dëser Regierung hire grouss Santésdossier, hiert grousst Walversprieche war d'Cannabis-Legaliséierung. Ben, déi schéngt elo vum Dësch ze sinn, zumindest zum Deel vum Dësch ze sinn. Gëschter hu mer héieren, et kéim eng Upassung vun der Drogenpolitik. Dat kann elo alles an och näischt sinn. Wat et op jidde Fall konkreet heescht, wësse mer net. Ben, fir eis wär et gutt, wann dat vum Dësch wär.

Ech widderhuelen hei nach eemol eis Bedenken: De Cannabiskonsum däerf net verharmloost ginn! An ech widderhuelen eng Ausso vum Verrieder, ech mengen et war wierklech de Verrieder vum Ministère de leschte Samschdeg um Radio, dee gesot huet, de Cannabis wär eng psychosomatesch Atombomm fir deejéinegen, deen es géif huelen.

Mir wëllen eise Jugendlechen dës psychosomatesch Atombommen definitiv net einfach esou ginn.

D'Cannabis-Legaliséierung war also dat grousst Walversprieche. Et kënn also net. An et weist awer och, wéi dës Regierung mat hire Walversprieche ëmgeet. Dat selwecht géill iwwregens och fir déi grouss Steuerreform; do wäert de Gilles Roth nach eng kéier drop agoen. Wat een op jiddefall ka festhalen, dat ass, datt dës Regierung vill Walversprieche mécht, ouni ze kucken, ob et méiglech ass. Oder vläicht nach méi schlëmm: Si weess, datt et net méiglech ass a si versprécht et awer, d'Cannabis-Legaliséierung. A wann dat esou ass, ech soen elo net dat, wat ech denken, ech soen da ganz fein: Dat wär net fair vis-à-vis vum Wieler.

Fir eis ass, wéi gesot, am Géigesaz zur Regierung, d'Legaliséierung vum Cannabis net eis Prioritéit am Gesondheitsdossier, mee et ass de Patient. A fir dëse Patient muss de Gesondheitssektor méi performant, méi effikass, méi patientenorientéiert an och méi gerecht ginn.

Mir waren um Nolauschtertour a mir hu vill Froen dozou gestallt kritt, zum Beispill: Firwat dauert et esou laang, bis een eng Diagnos hei zu Lëtzebuerg kritt? Et huet een Här eis verzielt vu senger Fra, déi Broschkriibs hat. Si ass an d'Mammographie gaangen, do ass eng Knupp festgestallt ginn, dunn huet missen eng Biopsie gemaach ginn - zwou bis dräi Woche waarden.

(*Brouhaha*)

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Dat ass bal net ze gleeuwen, dat do!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Duerno huet missen eng Lymphknuet...

(*Brouhaha*)

Duerno huet missen, ...

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Mir souzen hei zwou Stonnen lech nozelauschteren, Här Staatsminister!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Jo wannechgelift! Da kommt, mir lauschteren och elo alleguer dem Martine Hansen no!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Jo! Ech muss ganz éierlech soen, dat do ass net seriö!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Duerno huet missen eng Lymphknuet...

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Den Här Wolter war gëschter hei, jo.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Also mir ware komplett hei! Ech weess net, wien dohannen am Eck Froe stellt. Mir waren hei!

■ **Une voix.**- Jo.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Duerno huet missen eng Lymphknuetanalys gemaach ginn; dat huet nach eng kéier sechs Woche gedauert. Déi Analysen, déi ginn noenee gemaach. Dann dauert et zwéi bis dräi Méint - zwéi bis dräi Méint, wou een Angscht huet, wou d'Zäit fortleeft, well d'Krankheet virugeet, zwéi bis dräi Méint, ier een emol iwwerhaapt d'Diagnos huet, ier eng Therapie kann ugesat ginn. An dat ass dat, wou d'Problemer hei zu Lëtzebuerg sinn, net de Cannabis. An et ass dat, wou hei muss ugepaakt ginn, an dat ass net ze akzeptéieren hei zu Lëtzebuerg!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech ginn lech nach en anert Beispill - an ech denken, datt jiddwereen där Beispiller hei huet -, och nach eng kéier Broschtkriibs. Eng Fra, déi hat Broschtkriibs virun zéng, eelef Joer. De Kriibs ass zrëckkomm, si kritt Chimio, si kritt Radiologie, dann op eemol kritt si d'Zänn wéi. Si probéiert un en Dokter ze kommen. Den Dokter seet, si soll eppes géint de Wéi huelen. Si hëlt eppes géint de Wéi, de Wéi geet awer net fort. Et war Covidzäit, Dir wësst, da geet et net esou einfach, fir an d'Klinik ze kommen. Ech soen och just do: Et si Leit, déi Konsequenze vu Covid ze spiere kritt hunn, och wa se kee Covid haten!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Dann dauert et erëm eng kéier e puer Woche mat Pëng. Da seet den Dokter: „Ok, kommt laanscht, da lasere mer et.“ Lasere? Ben, si ass dohinnergaang, du seet den Dokter: „Et ass jo näischt ze laseren do!“ Et war och näischt ze laseren do. Mee wa keen an de Mond kuckt, da ka kee gesinn, wat et ass. Si gëtt bei den Zänn Dokter geschéckt, den Zänn Dokter seet: „Un den Zänn ass näischt.“ Si geet erëm bei den Onkolog, du seet den Onkolog: „Dat do kéint eng Osteonekros sinn.“ Da wësst Der, da sinn d'Schanken am Kifer befall.

Da muss Der bei en aneren Zänn Dokter goen. Dee seet dann erëm eng kéier: „Ech mengen, et ass keng, mee et gëtt eng aner Diagnosméiglechkeet.“ Da gitt Der erëm eng kéier an d'Klinik. Da muss een erëm eng kéier an der Klinik e Rendez-vous huelen. Dann huilt Der erëm eng kéier do e Rendez-vous, da seet deen Dokter: „Ok, et ass eng. Gitt bei en aneren Zänn Dokter.“ Et geet esou virun. Do si Méint vergaangen, Méint mat Pëng. Et sinn Zännrieder, déi dréinen, mee déi dréinen net aneneen. An de Patient, dee muss u sech kucken, vun deem engen Zännrad bei dat anert ze sprangen an ze hopen, datt en net dertëscht fält. An dat, Dir Dammen an Dir Hären, dat wëlle mir net akzeptéieren.

Ech mengen do sinn d'Problemer am Gesondheitssektor an déi mussen mer upaken, well dat ass net normal.

■ **Une voix.**- Ganz richtig!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Als CSV soe mer: De Patient muss erëm an de Mëttelpunkt vun eisem Gesondheitssystem, a soss keen a soss näischt. Duerfir muss eise Gesondheitssystem reforméiert ginn.

All Patient, egal aus wéi enger sozialer Schicht, egal wou e wunnt, egal wéi vill hien iwwer Medezinn weess, egal wéi vill Telefonnummere vun Dokteren hien am Handy huet - jiddweree muss kënnen séier a gutt gehollef kréien.

An duerfir fuerdert d'CSV éischters e verstärkt Setzen op Preventioun, an och esou, datt jidderee richtig informéiert ass, datt jidderee kann dovunner profitéieren. Mir brauchen hei Transparenz. Mir fuerderen, dat kann e Guichet unique sinn, eng Hotline, eng zentral Ufalfest oder de Referenzdokter, dee méi eng zentral Roll hei muss spillen. Jiddweree muss vun de selwechte Preventiounsmoossnamen, Check-uppe kënnen profitéieren.

Ech hu gëschter héieren, datt d'Regierung heirunner plangt. Ech mengen awer wierklech, datt d'Zäit vum Plange sou lues eng kéier misst eriwier sinn an datt hei muss eppes geliwwert ginn.

Zweetens: Mir fuerderen eng nei a kohärent Gouvernance vun de Spideeler, déi och besser openeen ofgestëmmt ass - Stéchwuert: Zännrieder.

Drëttens: Eng Opwärtung vun de Beruffer am Gesondheits- a Fleegeberäich. An ech wëll och vun hei aus nach eng kéier all deene Merci soen, déi an deem Secteur schaffen an déi eis an dëser Kris ganz vill gehollef hunn.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- An duerfir brauche mer eng Reform an engem Goss an net dat, wat d'Regierung liwwert. Wat mécht d'Regierung? D'Regierung seet: „O mir loosse alles beim Alen a mir setzen einfach e Bachelor am Infirmer drop.“ Et ass net dat, wat d'Leit wëllen an et ass net dat, wat mer brauchen. Et war eng Petitioun hei. D'Petitionären hu ganz kloer gesot: „Mir brauchen eng Reform op allen Niveauen. Mir müssen déi medezinnesch Akten an d'Fleegeakten durchkucken an doropshin e Berufsprofil ausschaffen an doropshin en Ausbildungsprofil ausschaffen.“

An ech ginn net ganz séier rosen, mee an där Petitiounskommissioun, an deem Débat publique, kann ech lech soen: Ech sinn erausgaangen, ier d'Konklusioun gezu ginn ass, well de Minister oder déi zwéi Ministeren - ech mengen d'Madamm Lenert an den Här Meisch waren do -, déi hunn einfach gesot: „Ma d'Decisioun ass geholl. Mir maachen elo dat doten, an dann ass et dat.“

An da seet de Premier gëschter: „Et ass eng Politik, wou ee muss op d'Leit lauschteren.“ Also hei war definitiv net op d'Leit gelauscht ginn!

An da wëll ech och nach eng kéier soen: Mir hunn zanter Mee eng Demande de mise à l'ordre du jour fir déi Reform, déi jo ugekënnegt ginn ass, an der Kommissioun kënnen ze diskutéieren. Näischt - näischt! - héieren zanter Mee.

An da wëll ech eng kleng Klammer maachen. Ech hu jo gesot: „vum Winterschlof an de Walmodus.“ Ech mengen, mir sinn eis alleguer eens, datt déi Beruffer wichteg sinn an datt mer méi Leit brauchen a méi gutt Leit och do brauchen an datt mer eng Campagne solle maache fir de Beruff. Et gëtt och eng Campagne gemaach - d'Madamm Minister huet eis dat gesot -, mee wësst Der, wéini datt se kënn? Se kënn 2022/2023, am Waljoer.

Dat ass definitiv net ze verstoen! Hei geet et ëm d'Leit, déi mer elo brauchen. Et geet ëm eis Bevëlkerung. Mir müssen elo agéieren! An et kann net sinn, datt da gekuckt gëtt: „Ma da maache mer dat alles am Waljoer, fir herno“ - ech weess net - „d'Positioun vun iergendwelleche Politiker ze verstärken oder ze verbessern.“ Hei muss de Patient am Mëttelpunkt stoen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Dann nach vläicht e Beispill vu groussen Annoncen. Am Mee 2020 ass grouss ugekënnegt gi vum Premier: „Mir maachen eng Ausbildung transfrontalière.“ Ben, mir ware kritesch, well mir hate vill Froen, mee mir kruten och keng Äntwerten. Mee mir kruten och bis elo nach keng Äntwerten, well duerno war et ganz, ganz roueg. Et war just eng grouss Annonce. Ben, d'Ministère waren eemol à la une an duerno ass näischt geschitt - dat ass dann eeben normal. Et kënn einfach näischt! Dat ka jo net sinn!

Véiertens: en Iwwerschaffe vun der Nomenclature, nämlech all deem, wat muss zrëckbezuelt ginn. Dat ass eng weesentlech Fro vu sozialer Gerechtegkeet. An ech denken hei besonnesch u Brëller, un Zänn, awer och u Psychotherapeuten. Eis mental Gesondheet ass wichteg. Ëmmer méi Leit hu Problemer an de Premier huet och gëschter e Plang fir d'mental Gesondheet annoncéiert. Dat ass ze begrëssen.

Am Moment hu mer awer genau bei de Psychotherapeuten eng Zwouklassesgesellschaft: Déi eng, déi Suen hunn, déi kënnen sech déi Therapie leeschten a gi bei den Dokter; déi aner, déi keng Suen hunn, déi kënnen sech de Fanger an de Mond stiechen a kënnen déi Therapie do net benotzen. Dat kann net sinn! Dat ka jo awer net déi sozialistesche Gesondheitspolitik sinn!

A wann de System net fonctionéiert vun der Nomenclature - well schliisslech hu mer viru sechs Joer dat Gesetz gestëmmt -, wann dee System net fonctionéiert, datt et nämlech nach ëmmer net an der Praxis ëmgesat ass, mee da muss dee System geännert ginn, an zwar elo!

Fënneftens: eng verstärkt Notzung vun der Digitaliséierung. D'Viviane Reding wäert nach op dee ganze Punkt vun der Digitaliséierung agoen.

Sechstens: Déi medezinnesch Couverture vum ganzen Territoire muss duerch Gemeinschaftspraxisse verbessert ginn. Och hei brauche mer Chancëgerechtegkeet queesch duerch d'Land.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann zum gréissten Suergemand vun de Lëtzeburger: de Loge-

ment. D'Logementslag vun der Natioun ass eng eenzeg Katastroph! A weesentlech Léisungen hu mer gëschter definitiv net héieren. Kee Wee, fir d'Zil ze erreechen! An déi blo-rout-gréng Versprieche waren am Ufank awer nawell zimmlech grouss, d'Resultater si kleng.

Am État de la nation (veuillez lire: An der Déclaration sur les grandes orientations politiques du Gouvernement et les grandes lignes du paquet d'avenir « Zukunftspak ») 2014 sot de Premier: „Esou wäert de Staat an den nächste Joren am Ganzen iwwer 10.000 Wunnengen bauen“, ben, hien hat, muss ech éierlecherweis soen, kee Joer genannt. D'Madamm Nagel huet awer dunn d'Joer prezisiéiert an huet gesot: „10.000 Wunnengen bis 2025.“ Wat ass d'Realitéit? De Fonds du logement, d'SNHBM, hunn an aacht Joer genau 2.300 Wunnengen gebaut. Dat sinn awer zimmlech blo Versprieche, wat awer tragesch ass.

Ben, gëschter huet de Premier dann elo déi feelend 8.700 versprach. Da si mer gespaant. Ech wëll just soen: Déi 8.700 Wunnengen bis 2025, weess ech net, wéi Der se hikritt. Mee wann Der se hikritt, da weess ech net, wéi Der se mat 228 Milliounen, déi am Budget stinn, kënn bezuelen.

Um Marché allgemeng ginn all Joer 6.000 Wunnengen gebraucht; gebaut ginn der awer nëmmen 3.500. Dat huet natierlech - do brauch een net Économie studéiert ze hunn - eng Auswirkung op de Präis: 2020 ass de Präis ëm 16 % an d'Luucht gaangen! Domadder ass de Logement och dee gréisste Facteur beim Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg, an dat definitiv bis wäit an déi breet Mëttelschicht eran.

Den Observatoire de l'habitat hat d'lescht Woch och eng Etüd erausbruecht, wou se den Taux d'effort analyséiert hunn - dat heescht, deen Undeel vun der Pai, deen ee muss ausgi fir de Logement; se hunn dat gekuckt tëscht 2016 an 2019 -; deen ass och staark an d'Luucht gaangen. Dat heescht, d'Präisser sinn einfach méi staark an d'Luucht gaange vum Logement, wéi d'Paen an d'Luucht gaange sinn.

Bei de Locataire war et 2016 nach 31 % vun der Pai, elo sinn et 37 % vun der Pai. 37 % vun der Pai, déi Der muss ausgi fir Äre Loyer! Stellt lech dat just vir.

Bei de Besëtzer, déi en Haus oder Wunneng op Prêt hunn, sinn et ronn 30 %. Bei engem klengen Akomes kann dat bis zu 50 % goen. An dat sinn Zuele vun 2019! Ech hunn lech gesot, 2020 hate mer plus 16 % - do gesäit et also nach méi schlëmm aus! An dat ass d'Lag hei zu Lëtzebuerg.

Wa mer net ufänken, nohalteg Mesuren ze ergräfen, da riskéiert Lëtzebuerg, hei an eng sozial Kris eranzeschlidden. An als CSV setze mer eis awer nach duerfir an, datt d'Eegenheem net nëmmen de Privileeg vun e puer Happy Few ass.

Mir brauchen hei wierklech keng ideologesch Bremsen, mir brauche konkreet Mesuren. An nach eng kéier: Dat, wat gëschter presentéiert ginn ass, wäert net weesentlech zur Problemléisung féieren. Duerfir fuerdere mir ganz kloer: Et muss alles, wierklech alles gemaach ginn, fir datt méi gebaut gëtt, méi séier gebaut gëtt a méi bëleg gebaut gëtt.

Ech wäert op 13 konkreet Mesuren agoen.

Méi bauen:

Éischters: Nieft dem Schlësse vu Baulücken, wat jo ëmmer hei vun der Majoritéit genannt gëtt, muss de Bauperimeter op gezielte Plazen opgemaach ginn. Do si mir anerer Meenung. Dat ass awer noutwendeg, vu datt mer Terrain brauchen. Hei brauche mer keng gréng Ideologie.

Zweetens: Méi abordabele Wunnraum. 30 % vun der neier Baufläch, keng 20 %, 30 % vun der neier Baufläch mussen fir abordabele Wunnraum genotzt ginn!

Drëttens: Et müssen och Plazen definéiert ginn, wou méi héich ka gebaut ginn. Net iwwerall, mee plazeweis muss definéiert ginn, wou et passt, an da muss och do gebaut ginn.

Véiertens: Als CSV wëlle mer d'privat Investisseure beim Baue vu soziale Wunnengen mat an d'Boot huelen, an iwwregens och net nëmmen do. De Marc Lies hat eng Proposition de loi an deem Sënn hei deposéiert. An de Moien hutt Der jo och héieren, datt d'Verrieder vun der Chambre immobilière sot, et misst eemol mat eis geschwat ginn. An déi erwaarde sech awer vum Här Kox, datt e sech iergendwann eng kéier och beweegt a mat hinne schwätzt. Do ass awer näischt geschitt!

Fënneftens: Mir müssen aner Wunnformen och realiséieren kënnen, féerden: Wunngemeinschaften, Tiny Houses zum Beispill. Do muss vläicht de le-gale Kader ugepasst ginn. Mee da mussen mer dat maachen!

Méi bëleg bauen:

Sechstens: Den Zougang zu subventionéierte Wunnengen muss séier op d'Mëttelschicht ausgewäit ginn. E ganz normale Bierger mat hei enger relativ gudder Pai ka sech awer näischt méi hei leeschten um normale Marché.





Siwentens: Mir wëllen de Fräibetrag fir den niddreng TVA-Saz eropsetzen.

Aachtens: Mir wëllen de bëllegen Akt auswäiten. All dat hëlleft direkt deene Jonken, déi gäre wëllen eppes bauen.

Néngtens: Jo, mir wëllen och keng Spekulation um Bau. Dofir si mer fir eng Spekulationssteuer op eidel stoende Wunnengen an op fräien Terrainen. De Marc Lies hat do 2019 schonn eng Motioun erabruecht. Do war se leider ofgeschmettert ginn. 2021 hate mer och erëm eng Kéier eng. Mir hunn also elo gëschter d'Annonce héieren, datt dës Spekulationssteuer elo kéim bei der Reform vun der Grondsteuer. Dat hu mer awer och schonn d'lescht Joer héieren a mir hunn nach ëmmer näischt Konkreetes.

Zéngtens: Mir si fir eng Zort „Lex Koller“, also fir e Gesetz, dat verhënnert, datt auslännesch Investisseuren hei Wunnenge kafe just fir Spekulationszwecker.

Méi séier bauen:

Eeleftens: Mir müssen eis Prozeduren entschlaken an hei brauche mer definitiv eng Entschlakkungsprozedur. Dat muss mat System gemaach ginn. Mir brauche manner Bürokratie, méi gesonde Mënscheverstand! An do denken ech un d'Naturschutzgesetz. Ech denken och un d'Denkmalenschutzgesetz.

De Moien hu mer héieren: Fir e grousst Lotissement ze bauen, brauch een hei 10 bis 15 Joer. Dat ass jo net normal!

Zwieleftens: Mir fuerdere ganz konkreet d'Ëmännerung vum Artikel 17 vum Naturschutzgesetz. Keng Kompensationsmoosnamen innerhalb vum Bauparimeter!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- An dat wär eng Win-win-Situatioun! Éischtens géif et méi séier goen, zweetens wär et méi bëleg an drëttens kéint och nach Natur op Zäit do kommen. Well am Moment ass et jo: Wann s de eppes hues, ass et jo besser, du fiers dräimol mam Mulcher driwwer, fir datt nëmmen näischt kënnt, well soss musst de nach kompenséieren. An ech kann lech soen, mir hunn dat Amendement zum Naturschutzgesetz bruecht! Et hätt elo kënnen ugeholl ginn. Mee déi Blo wëllen dat net, déi Gréng wëllen dat net an déi Rout wëllen dat net. Dat ass net ze akzeptéieren!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Dräizéngtens: Wa mer solle bauen, da brauche mer och méi Handwierker, déi um Bau schaffen. Bei der Berufsausbildung gëtt et am Moment just eng Schoul an déi ass zu Mamer. Dat geet net duer. Et war eng Ausbildung geplangt zu Klierf am Lycée. Firwat kënnt dat net?

D'Berufsausbildung muss erëm eng Kéier méi attraktiv ginn an ech erwaarde mer vun der Regierung, datt se d'Ausbildung am Bau och ausbaut, datt méi Méiglechkeete queesch duerch d'Land kommen.

Dëst waren elo 13 konkreet Proposen. De Marc Lies hat der am Laf vum Joer nach méi bruecht. Wéi gesot, d'Leit brauche keng Ideologie, keng gréng Ideologie, Verbuetsideologie, keng Enteeegnungsideologie. Nee, si brauche Wunnengen! An do muss mer alles, alles dru setzen!

Dann, Här President, kommen ech bei d'Schoul. A grad bei der Schoul zielt: Politik mat de Leit maachen. D'Schoulpolitik ass fir eis eng Prioritéit.

Als CSV setze mer eis a fir eng Schoul, déi all d'Kanner op d'Zukunft preparéiert; eng Schoul, déi verbënnt; eng Schoul, déi Chancëgerechtgeeket bitt; eng Schoulpolitik mat de Leit an net iwwert d'Käpp ewech; eng Schoulpolitik am Dialog; eng staark effentlech Schoul. An duerfir setze mer eis als CSV an an ech ginn op aacht Punkten an.

Éischtens, datt d'Bildungsschéier endlech erëm méi zesummegeet. Et kann net sinn, datt d'Hierkonft vum Kand säi schouleschen Erfolleg an domadder seng Zukunft decidéiert.

Hei zu Lëtzebuerg ass et méi schlëmm wéi an deenen anere Länner. Du kanns bal soen: „Wat ass dai Papp? Da gëtt dat do oder dat do aus der.“ Dat kann net sinn. Dës Bildungsschéier ass lafend méi grouss ginn. Och dat ass d'Lag vun der Natioun.

Den Här Premier seet elo: „Dat maache mer elo.“ 2019 hu mir gefrot, fir d'Hausaufgabenhëllef anzeféieren. 2019! Si ass net gemaach ginn. D'Kanner hätten dunne ... dann hätte mer schonn zwee Joer hannert eis. Dann hätten d'Kanner schonn zwee Joer laang méi Zäit gehat. Mir hu gefrot, fir systematesch mat der Wëssenschaft ze kucken, fir Messuren ze definéieren, fir dat kënnen ze maachen. Hei geet et net mat System. Mir ginn net mat System un dëse Problem erun!

Elo kënnt d'Hausaufgabenhëllef dann endlech. Mee wéini kënnt se? Elo kënnt Der erëm eng Kéier dräimol roden. Ech mengen Dir wësst et, well et ass nach kee Konzept do. Se ass elo mol annoncéiert. Et ass nach kee Konzept do. A wéini kënnt se? 2022, 2023, wann d'Waljoer ass. Also dat ass defi-

nitiv ... Wann dat walpolitesch Taktik ass, dann ass dat eng ganz lamentabel Politik!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Zweetens: D'Chancëgläichheet bedeit och dat selwecht informatesch Material an all Schoul am Land. An hei huet d'Regierung eng Verantwortung ze droen. Mir haten en Amendement gemaach. Dee war refuséiert ginn. Gëschter hunn ech näischt dovunner héieren. Mir hunn am September eng Proposition de loi heizou deposéiert. An ech hoffe wierklech, datt d'Majoritéit déi mat ënnerstëtzt. Wa se net wëllt op eis lauschteren, da soll se op de Syvicol lauschteren, dat ass jo awer d'Verriedung vun alle Gemengen.

Drëttens: Als CSV setze mer eis derfir an, datt d'Schoul de Kanner an de Jugendlechen d'Kompetenze vun der Zukunft mat op de Wee gëtt. D'Wëssen ännert vill ze vill séier an et ass och vill méi Wëssen do, wéi deemools, wéi mir an der Schoul waren. Et geet net méi, datt ee soll probéieren, de Kanner d'Wëssen an de Kapp ze stiechen an dann erëm eng Kéier ofzefroen. Dat bréngt näischt. Dat kann e Computer besser.

An ech mengen, nee ech sinn dovunner iwwerzeegt, datt kee vun eis soll probéieren, mam Computer ze konkurréieren. Dee brauch kee Congé, dee gëtt net krank an e mécht kee Feeler, ausser e gëtt vläicht vum Mënsch falsch programmiert.

Also solle mer an der Schoul kucken, fir déi Kompetenzen ze féideren, an deenen de Mënsch staark ass. D'Kreativitéit, d'Verantwortungsbewosstsinn, Engagement, Problemer kënnen analyséieren a léisen: Dorobber mussen mer eis konzentréieren an duerfir brauche mer eng aner Aart vu Schoulhalen. Mir brauchen eng Revisioun vun der Methodik a vun de Programmer an do muss grouss Diskussiounen gefouert ginn. Mir brauchen och fächeriwwergräifend Zesummeschaffen an net alljoers en neit Fach.

Véiertens: Fir dat alles kënnen ze maachen, brauche mer exzellente Enseignanten. A virun allem brauche mer och genuch exzellente Enseignanten. Mir hunn zwar elo de Moien héieren, et géifen 1.000 Plazen an der Educatioun geschaaft ginn. 1.000 Plazen ... also d'Qualitéit, soen ech elo mol einfach, ass och extreem wichteg!

Mir haten eng Interpellatioun fir ze soen: Mir müssen dee Beruff méi attraktiv maachen. Mir haten eng ganz Partie Virschléi gemaach. Mir brauchen eng Diskussioun iwwert de Profil vum Enseignant. Den Enseignant muss eiser Meenung no pedagogesch a fachlech topp sinn. An et kann net d'Léisung sinn, esou wéi et am Moment ass, datt méi Quereinsteiger agefallt ginn. Dat ass nämlech de Fait: méi Quereinsteiger pro Joer, déi an der Grondschoul ufänken, wéi ausgebildete Pedagogen. Dat kann net d'Léisung sinn!

Fënneftens: Als CSV sti mer fir eng staark effentlech Schoul. A genau dës muss och reforméiert ginn. Ech hu gesot: bei de Kompetenzen, och bei de Sproochen. Vill Kanner hu schonn an der Grondschoul d'Flemm mat de Sproochen. Mir brauchen eng Reform vum Sproochenunterrecht aus engem Goss. Mir haten och schonn eng Kéier Virschléi gemaach bei der Reform vum Secondaire, well ... De Minister wëllt dës Reform aus dem Wee goen. Déi Reform, déi brauch Diskussioun, déi brauch Dialog. Do wäerten och Kompromësser mussen gemaach ginn. Awer mir müssen déi Reform maachen, well mir brauchen eng staark effentlech Schoul. Dat war nämlech emol eng Kéier eis Stärkt hei zu Lëtzebuerg.

Wat mécht awer de Minister, well en dat do net wëllt maachen? E sicht sech e relativ einfache Wee a geschwënn huet all Lycée an all Grondschoul eng europäesch Filière. D'Europaschoule si gutt. Mir brauche se fir déi Leit, déi bei eis schaffen kommen, fir datt deenen hir Kanner, wann déi Elteren erëm zrëckginn, och kënnen an deem Schoulsystem erëm normal virufueren. Dat ass ursprénglech d'Clientèle giewesch. Dat ass awer am Moment net méi d'Haaptclientèle.

Am Moment ass den Här Meisch einfach amgaang, eng parallell Schoulwelt zu eisem klassesche Schoulsystem opzebauen. An dat wäert lues a lues eisen effentleche Schoulsystem, eisen normale klassesche Schoulsystem aushielegen. Wéi gesot, eis effentlech Schoul war emol eis Stärkt. An de Minister mécht dat u sech ganz geschéckt, schéi lues, „step by step“ an dës ... En huet eng Europaschoul, dës Kéier waren et der op eemol zwou, plus Filiären a verschiddene Gebaier annoncéiert.

An dësere parallell Schoulwelt kann een Enseignanten astellen, déi ee soss net kéint astellen. An dësere parallell Schoulwelt gëtt een eise Jugendlechen den Diplom ee Joer éischter. Mee mat dësere parallell Schoulwelt riskéiere mer och, d'Kanner vu Klengem u jee no hire Sproochekenntnisser ze trennen, wat an eisen Aen net gutt ass.

(**Interruption**)

Als CSV sti mer fir eng staark effentlech Schoul. Do si Reformen noutwendeg. An déi wäerte vill Energie

kaschten! Mee déi Energie, dat wär eng gutt agesaten Energie.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Sechstens: Als CSV si mer fir eng Reevaluierung vum gesamte Promotiounssystem am Cycle inférieur vum Enseignement général. D'Reform war warscheinlech gutt gemengt, mee mir riskéieren, de Kanner hei Sand an d'Aen ze streeën. An herno riskéiere mer u sech warscheinlech, en Nivellement vers le bas ze kréien an eis Uspréich unzepassen. Dat kann net sinn. Den Diplom vun enger Première muss nach ëmmer eppes wäert bleiwen.

Siwentens: Als CSV si mer géint d'Bradéiere vum Educateursdiplom. An ech fuerderen hei dann elo wierklech déi Analys, op déi anscheinend déi Braderie do opgebaut ass. Mir haten déi Analys iwwer eng Question parlementaire gefrot. Ufank Juli, Här President, hu mer e Bréif un deenen anere President gemaach, fir datt mer déi Analys kréien, déi hu mer awer net kritt, dräi Méint méi spéit. Ech hunn elo gesinn, ech hunn elo de Moie gesinn, datt eng Sitzung aberuff ass. Mee ech fannen dat net normal. Firwat kënne mir net déi Daten, iwwert déi de Minister seet: „Dorobber hunn ech meng Decisioun baséiert“, firwat kënne mer déi net kréien? An ech géif mer wierklech wënsche vum Här President - Dir kënnt et da weiderginn un deenen anere President -, datt dee sech och asetzt fir déi gesamt Chamber an déi Saachen nofreet. Och wann et bei engem Parteikolleg ass.

Ech ginn lech nach e puer Beispiller vum Här Meisch: De 7. Mee, elo méi wéi fënnf Méint, hu mer eng Demande de mise à l'ordre du jour, fir iwwert dem Minister seng Annonce zur Reform vun der Infirmiërsausbildung ze schwätzen, gemaach. De 7. Mee! Näischt! D'Chamber gëtt ignoréiert.

Den 23. Abrëll hu mer gefrot, fir zousätzlech Informatiounen zu den Épreuves standardisées ze kréien. Stéchwuert: Bildungsschéier. Geschwë sechs Méint hier. Näischt! D'Chamber gëtt ignoréiert.

An ech kéint hei weiderfueren. Dat geet net. An ech géif mer wierklech, wierklech éischtens vum Minister méi Respekt virun der Chamber wënschen a wann de Minister deenen net huet, dann erwaarden ech mer vum President, datt deenen agéiert, datt och d'Opposition hir Aarbecht ka maachen.

Aachtens: Mir fuerderen eng Evaluatioun vun der méisproocheger Erzéiung. Sinn duerch déi méisproocheg Erzéiung Verbesserungen bei de Sproochkompetenzen erkennbar?

Néngtens: Mir fuerdere Respekt vum Minister vis-à-vis vun de Leit vum Terrain an och vis-à-vis vun der Chamber. Mir brauchen eng Schoulpolitik mat de Leit, déi och op d'Leit lauschtent.

Fir eis ass d'Wuelbefanne vun de Kanner an de Jugendlechen och extreem wichteg. Ech wäert haut net dorobber agoen, well mir hunn zwou Interpellatiounen ugefrot zu deem Sujet. Eng Kéier d'Françoise Hetto an de Serge Wilmes allgemeng iwwert d'Wuelbefannen an och eng Kéier de Marc Spautz, dee méi spezifesch op d'Coronazäite wäert agoen.

Här President, mir brauchen eng staark effentlech Schoul. Mir brauchen eng Schoul fir jiddwereen an net jiddwerengem seng Schoul. Just mat enger staarker Schoul bleiwe mer definitiv eng staark Natioun. An duerfir nach eemol: Mir brauchen eng Politik mat de Leit a Politiker, déi op d'Leit lauschten. An dat net nëmmen an der Ried vum Premier, mee um Terrain.

Ech kommen dann elo zu engem Theema, dat leider och ganz aktuell ass: d'Sécherheet. Als CSV soe mer: D'Sécherheet ass kee Luxus, mee ee Grondrecht fir jiddwer Bierger, egal wou e wunnt, iwwerall am Land. Als CSV sti mer hannert der Police. D'Police verdéngt an huet eise Respekt. D'Police mécht, wat se kann an d'Police brauch d'Hëllef vun der Politik. Dat sot hiren Direkter elo nach déi lescht Deeg um Radio. A genau dës Réckeward fir d'Police, genau dës Ënnerstëtzung fuerdere mir als CSV. Ech widderhuelen elo net alleguer d'Virschléi vum Laurent Mosar an dem Léon Gloden, déi déi scho gemaach hunn, mee just nach dräi.

Éischtens: Mir brauche méi Leit um Terrain. Doriwwer si mir eis eens. Agefallt soll jo elo ginn. Mee déi Leit si jo nach net do. Bis dohinner muss reorganiséiert ginn. De Rekrutement vun Zivilisten: Eng direkt Entlaaschtung ass méiglech. Maacht déi beim Gefaangenentransport. Dee muss net vun de Polizisten gemaach ginn. An de Beruff méi attraktiv maachen: Dozou gehéiert och, d'Ongerechtegkeeten an de Karriären aus dem Wee schafen.

Zweetens: D'Polizisten hu geféierlech Asätz ze maachen, wat leider a leschter Zäit ëmmer méi dacks virkënt. Mir fuerderen, datt bei engem Virfall am Dëngscht dës d'Polizisten en Affekt gestallt kréien. A wann dofir de Statut vum Fonctionnaire muss ugepasst ginn, mee da muss en ugepasst ginn. Da muss d'Regierung dat maachen!

Drëttens: D'Police muss direkt kënnen op Bodycams, Kierperkameraen, zrëckgräifen. Wësst Der:

Jänni a Männi kann d'Police filmen an d'Police huet net d'Material, fir selwer ze agéieren.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Hei muss direkt agéiert ginn!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- An hei geet et net ëm iergendeng Law-and-order-Ideologie. Et geet ëm konkreet Hëllef. An och an der Sécherheetspolitik ass d'Nolauschteren, d'Politik mat de Leit extreem wichteg.

Här President, da kommen ech zu engem groussen Package. De Premier hat domat ugefaangen: Klimapolitik. Eng weider Prioritéit: d'Klimakris, déi mer müssen upaken. Mir müssen dem Wandel Rechnung droen, well soss bezuele mer nämlech eng richtig fatzeg Rechnung als Natioun.

Bis 2050 gëtt Klimaneutralitéit ugestrief. Wou si mer do drun? Wéi kënne mer dat erreechen? Dat ass am Prinzip déi zentral Fro. An op déi zentral Fro hunn ech nach kee klore Wee gesinn.

Wann ech kuerz eng Situationsbeschreibung maachen: Wou si mer beim Fuerpark drun? De Rifkin hat gesot, 2050 misste mer 100 % Elektro sinn. Stand 2021: Am Moment gi ronn 340 Elektroautoe pro Mount ugemellt. Wann een och nach géif mat enger Moyenne vun Dausend rechnen, da wäre mer op 12.000 am Joer. Mat deem Rhythmus bräichte mer 46 Joer, fir deen aktuelle Fuerpark komplett op Elektro ëmzestellen.

Elektrobornen: 800 waren der 2010 annoncéiert. Den Här Schneider hat der 800 annoncéiert. Den Här Gramegna hat der 800 annoncéiert. Den Här Turmes hat der d'lescht Joer nach 800 annoncéiert. Ech hoffen, datt déi 800 mëttlerweil do sinn. An dësem État de la nation hunn ech dat net héieren. Mee séier si mer do net virukomm.

Dir hutt e Klimaschutzgesetz gestëmmt ouni sektoriell Ziler. De Paul Galles hat deemools jo vu „Blind Date“ geschwat.

■ **Une voix.**- Tipptopp.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Elo sinn déi sektoriell Ziler do, mee kee weess, wéi se sollen erreecht ginn.

■ **Une voix.**- Tipptopp.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Mir hunn nogefrot, jo, mir hunn nogefrot, ...

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- ... mat wéi enge konkreete Mesuren d'Ziler sollen erreecht ginn. Wat maacht der zum Beispill, fir d'Methanreduktioun hinzekréien? Wat gesitt der am Industrieberäich vir, fir d'Zärgasreduktioun hinzekréien, ouni datt d'Betriber hir Konkurrenzféigkeet verléieren?

Mir hunn dat gefrot. An ech fanne schonn d'Äntwert zimmlech erstaunlech. Mir kruten als Äntwert gesot, datt nei Komiteeë géifen agéieren. E Comité interministériel pour l'action climat, dee kann zousätzlech Mesurë festhalen. Eng Plateforme pour l'action climat et la transition énergétique, déi kann zousätzlech verstärkte Mesurë proposéieren. An den Observatoire de la politique climatique, dee kann dat selwecht dann och nach.

Elo kënnt dann och nach e Klima-Biergerrot. Wéi gesot, wann dee gutt ass, da froen ech mech, firwat en net schonn éischter gemaach ginn ass.

Ech soen: Dat Ganzt hei bréngt weeder eis nach d'Bierger nach d'Betriber weider. D'Klima brauch keng nei Gremien. Dat hei erënnert mech ... Ech war an Däitschland op der Uni. Do gëtt et - déi Däitsch sinn och heiansdo Spezialisten am Aarbechtsgruppegrennen - dee schéine Sproch: „Wenn du nicht mehr weiter weißt, gründe einen Arbeitskreis.“

(**Hilarité**)

An dat heiten héiert sech e bëssen esou änlech un. Mir maache Gremien a Gremien an déi eng kënne Mesurë virstellen, déi aner kënnen zousätzlecher maachen. Mee mir kennen nach ëmmer keng.

(**Interruptions**)

Wéi steet et mam Energiebedarf a mat der Ofdeckung heivunner? Dës Fro wäert an Zukunft kruzial sinn. D'„Handelsblatt“ huet getitelt: „Die Welt-Energiekrise“. An ech kann lech soen, datt dat fir d'Privatleit och extreem wichteg wäert sinn. Et kann net all Privatpersoun hir Heizung, hiert Haus komplett ëmrappen an ëmbauen. Vill Leit hunn am Moment net vill aner Méiglechkeeten a waarden eeben drop. Wann de Präis an d'Luucht geet, da gëtt et méi deier, also wäert dat doten eng kruzial Fro vun der Zukunft sinn.

An an deem Kontext - wéi gesot, fir klimaneutral ze ginn - muss jo da massiv klimaneutral Energie produzéiert ginn. Do hu mir awer nach vill Froen, déi mer awer och gëschter net beäntwert kritt hunn. De Premier sot: „D'Sonn an de Wand sinn de Schlëssel fir eng nohaltig Stroumproduktioun.“ Wéi vill Wandmille sinn d'Zil? Wéi ass et mam Wandkadaster? Am Moment huet eng Wandmillen eng Leeschtung





vun 2 Megawatt, déi nei Generatioun 4,2. Laut PNEC, Klima- an Energieplang, musse mer 2030 op 400 Megawatt sinn. Dat wäre 60 nei Anlage bis 2030. Bis 2040 wären et 96 zousätzlech Anlagen.

Ech hunn och de Moien eng Ausso vum Chef vum Fraunhofer gelies. Dee seet: „Natierelech ass d'Wandenergie wichteg, mee mir brauchen Transparenz, well d'Akzeptanz ass net onbedéngt ginn.“ A genau déi Transparenz feelt mer awer hei am Dossier. Wou kommen déi Wandmillen hier? Wivill sollen der opgeriicht ginn?

Da kommen ech bei d'Solarpannoen. Bis 2030 missten nach 817 Megawatt derbäikommen. Wann ech mech net verrechent hunn, sinn dat 448 Hektar Fotovoltaik - 450 grouss Fussballsterrainen. Hutt Der eng Simulatioun, wou dës Flächen hierkommen? Wivill Fläche kommen op Privathaier, op Industriegebäier, op Parkingen? Wivill Fräilandfläch brauche mer?

Mir brauchen Transparenz hei. Well ech soen lech: Ouni Transparenz kréie mer Problemer mat der Akzeptanz.

Här President, als CSV sti mer fir eng Klimapolitik mat de Leit am Boot. An ech si wierklech iwwerzeegt, datt mer et hikréien, mee mir brauchen duerfir eng Klimapolitik ouni Ideologie, mee mat Innovatioun, mat gesondem Mënscheverstand, mat der Wëssenschaft am Boot an och mat der Wirtschaft. An och hei nach eng Kéier de Fraunhofer-Chef, dee seet: „Mir mussen technologieoppe bleiwen.“ Mir sinn definitiv géint eng reng Verbuetspolitik!

D'Regierung setzt elo nach e ministerielle Groupe de travail an, fir d'gesetzlech Prozeduren ze vereinfachen. De Staat kompenséiert elo d'Emissiounen fir déi staatlech Missiounen am Ausland. Et ass emol net gesot ginn, et géif probéiert ginn, fir déi Emissiounen ze reduzéieren. An d'Gesetzter ginn op Nohaltegkeet gecheckt. Also beim beschte Wëllen: Wann dat de Wee ass, fir d'Zil ze erreechen, dann ass de Wee nach ganz, ganz laang. An ech mengen, mir hunn net esou vill Zäit!

Här President, als CSV hu mer dofir 13 konkret Virschléi.

Éischtens: e klore Mesurëplang fir déi eenzel Secteuren, ausgeschafft mat den Acteuren vum jeeweilege Secteur. Eng Roadmap fir kloerzemaachen, wéi d'Ziler sollen erreecht ginn, de Wee, eng Oplëschung vun den Hëllefsmoosnamen, well d'Leit mussen jo plangen - transparent a kloer.

Zweetens: D'Wëssenschaftler si sech eens: Eleng mat der Reduktioun vun den Zärgaser kréie mer eis Klimaziler net erreecht. Et mussen och déi technesch Méiglechkeete genotzt ginn, fir d'Zärgaser aus der Atmosphär erauszéien a se op déi eng oder aner Aart a Weis ze späicheren. An dat ass net esou, wéi d'Madamm Dieschbourg mer geäntwert hat, dat wär Politik mat Zauberstaf. Nee, dat ass keng Politik mat Zauberstaf. Dat ass d'Realitéit! An d'Wëssenschaft seet dat do: „Mir brauchen et.“ Et kann net sinn, datt och hei erëm eng Kéier aus Ideologierenn näischt gemaach gëtt.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Drëttens: De Staat muss als Virbild agéieren. Gottseidank hu mer dat gëschter elo endlech och vun der Regierung héieren. Ech kann lech just soen: Dräi Motiounen hu mer gebraucht! Wivill Zäit ass hei verluer gaangen? An elo geet et net méi duer, fir iergendwéi ze soen ... Ech mengen, de Premier huet gesot, ech hu mer et opgeschriwwen, de Staat a seng Servicer missten an den nächste Gang schalten. Mee Dir hätt scho längst missen den Turbo aleeën. An Dir musst elo ... et geet net duer ... dat do ass erëm eng Kéier iergendepes, mee et ass keen Inhalt dran. Hei brauche mer konkret Mesuren, opgelëscht ... ech weess net, „d'Isolatioun vun all de Fassade bréngt eis esou vill, kascht esou vill“. Mat engem Zäitplang, wéini wat soll geschéien.

Véiertens: d'CO<sub>2</sub>-Bepräisung. Mir hunn de Moien héieren, fënné Euro pro Tonn géif en d'nächst Joer an d'Luucht goen. Mir brauchen hei Transparenz och fir déi nächst Joren. Dir wësst: Mir hunn am Moment extreem héich Energiekäschten. Net duerch d'CO<sub>2</sub>-Bepräisung, mee duerch aner Saachen. Mee d'CO<sub>2</sub>-Bepräisung kënnt awer nach derbäi. An dofir brauche mer och hei Transparenz an ech wär wierklech frou, wa mer och do gesot kréichen, wat hei geplangt ass.

Fënneftens: de konsequenten Ausbau vum öffentliche Transport. Keng Austeritéitspolitik - kënne mer ënnerschreien, wat Der gesot hutt. Mee zum Beispill awer och en zweet Geis a Richtung Norden. Do kënnt elo eng Vëlospist hin. Dann hu mer dat u sech verpasst. Mir brauchen awer och méi Vëlospisten an och do manner administrativ Hürden.

Sechstens: e sozialen Ausgleich. Hei ass ochannoncéiert ginn, et kéim eppes. Mir wëssen awer nach net genau, wat. All déi Leit, déi zum Beispill net kënnen op den öffentlichen Transport zrëckgräifen, well se op Schichte schaffen, well se anzwousch wunnen, wou keen ass, déi mussen en

Ausgleich kréien. An ech weess och net - ech hu geschwat vun den Heizkäschten, déi staark an d'Luucht wäerte goen -, ob déi Allocation de vie chère do duergeet, fir dat auszugläichen. Virun allem, well mer awer och scho Leit mat méi héije Paien hunn, déi Problemer hunn am Moment.

Siwontens: d'Konsequent Ënnerstëtzung vun der Fuerschung an d'Energiespäicherung. Mir brauchen eng Energieofsécherung. De Stroum kann een net an eng Këscht paken an erëm aus der Këscht eraushuelen, wann een e brauch. Mir brauchen och Fuerschung an all aner Energiequellen. An ech soen et hei nach eng Kéier. Mir ware beim Potsdamer Klimainstitut an déi soten eis ganz kloer: „D'Zäit vun de Monokulturen ass eriwwer.“ An als Agraringenieur verhalen ech dat. Mee dat ass hei fir d'Energie gemengt. D'Zäit vun de Monokulturen ass eriwwer.

An dofir géif och méi eng ambitiéis Waasserstoffstrategie heizou gehéieren. De Félix Eischen wäert nach drop agoen. Mir verstinn net, firwat Der hei esou zaghaft sidd an eréischt richtig wëllt unzéien, wann nëmme grénge Waasserstoff do ass. Och do erëm eng Kéier seet de Chef vum Fraunhofer: „Mir mussen massiv an de Waasserstoff investéieren. An der Zukunft wäerte mer massiv Waasserstoff brauchen. Mir mussen och elo op turquoise Waasserstoff bauen“ - dat ass deen, deen iwwer Äerdgas, eng Methanpyrolyse produzéiert gëtt -, „mir mussen technologieoppe sinn.“ Hie schwätzt esouguer, an doriwwer war ech schonn erstaunt, iwwert d'Kärfusioun, datt doriwwer misst diskutéiert ginn.

(Interruptions)

An enger idealer Welt gëtt et nëmme grénge Stroum, grénge Waasserstoff.

(Interruption)

Watgelift?

■ **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Sidd Dir dann d'accord mat der Kärfusioun?

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Mir si sécherlech géint déi Atomenergie, wéi se elo do ass. Dat wësst Der. Fir de Rescht ...

(Interruption par M. François Bausch)

Fir de Rescht sinn ech net Wëssenschaftler genuch. Ech sinn technologieoppen a mir wäerten eis bei der Wëssenschaft och informéieren, Mee mir sinn nach ëmmer géint Atomstroum gewiescht. Ok? A mir hunn nach ëmmer gesot, datt Cattenom, Tihange sollen zougemaach ginn. An déi Positioun huet sech net geännert. Sou!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Madamm Hansen, erlaabt Der, dass de Minister nach eng Kéier nohaakt?

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo, hien hat mer u sech schonn eng Fro gestallt, ouni de Fanger ze strecken.

■ **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - ... net datt ech lech falsch verstinn.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo.

■ **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Ech wollt awer nach eng Kéier froen. Dir sot, Dir wäert technologieoppen. Dat sinn ech och. Mee ech soen lech awer och, fir wat fir eng Technologie ech net oppe sinn: dat ass d'Atomenergie.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo.

■ **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Duerfir hätt ech gär vun lech eng prezis Haltung.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Ech hunn lech elo grad gesot, ...

■ **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Sidd Dir technologieoppe par rapport zur Atomenergie? Jo oder nee?

■ **Une voix.** - Ma si huet dach geäntwert dorop.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Ech hunn elo grad gesot, ...

(Interruption)

... Här Minister, datt mer missen technologieoppe sinn, zum Beispill bei der CO<sub>2</sub>-Späicherung, wou Är Ministesch gesot huet, dat wär eppes mam Zauberstaf.

■ **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Ech ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Do si mer technologieoppen. Well soss kréie mer d'Klimaziler net hin. Ech hu gesot, mir missten technologieoppe sinn, zum Beispill, fir och Waasserstoff anescht hierzustellen, wéi nëmme mat gréngem Stroum, well mer net genuch grénge Stroum hunn. Dann hunn ech gesot: Mir mussen an allem technologieoppe sinn. An ech hu gesot: Mir si géint den Atomstroum. Sou!

(Brouhaha)

Lo hutt Der, mengen ech ...

■ **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Dat heescht Dir sidd net oppe fir ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Also, Här President, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Wannechgelift, ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - ... ech mengen ech hunn elo kloer gesot: „Mir si géint den Atomstroum.“ An ech mengen, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Jo ... wannechgelift.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - ... vill méi kloer kann ech dat elo net soen. Sou!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Wannechgelift!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Mir fuerderen, ...

■ **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Ech wäert duerno froen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Jo.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Ech wollt elo just nach soen: An enger idealer Welt, wéi den Här Turmes se ëmmer beschreift, do gëtt et nëmme grénge Waasserstoff. An do gëtt et och nëmme grénge Stroum. Mee wann Der mat där Approche d'Elektrifizierung ugefaangen hätt, ech mengen, dann hätt Der nach net eng Born do stoen. Also verstinn ech net, firwat datt Der déi Approche beim Waasserstoff huet an do wierklech laang geschloft hutt.

Dann ass och d'Landwirtschaft, wéi sou dacks a wéi op villen anere Plazen, en Deel vun der Léisung. Ech hu gelies, d'Agrargesetz wär ugepasst ginn. Ech kann lech soen: Jo, et ass ugepasst ginn. An ech kann lech soen, et war e Gesetz vun de verpasste Chancen, well mir hate vill Propose gemaach, fir am Sënn vum Klimaschutz eist Agrargesetz ze verbessern. All déi Propose si souguer vun deene Grénge verworf ginn.

An da wëll ech just hei eng kleng Klammer maachen: Wann Der elo d'lesse gratis maacht, da géif ech wierklech hoffen, datt Der dat Gratisessen och lokal akaaft, bei lokale Produzenten!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Mir fuerdere fir de Klimaschutz am Beräich vun der Landwirtschaft. Aachtens: e Monitoring vun de Betriber mat engem gratis Klima- an Nohaltegkeetscheck an enger betriebsspezifischer Berodung, fir eeben d'Methan-, d'CO<sub>2</sub>- an d'Laachgasemissiounen geziilt kënnen erfzesetzen.

Néngtens: Déi héich Standarde bei de Liewensmëttelen vun eiser Produktioun mussen och fir importéiert Produkter gëllen, well soss ass et just Schäinhellegkeet, awer op d'Käschten vun der Produktioun hei am Land.

Zéngtens: Schafe vun engem Agricultural Hub, engem Kompetenzzentrum fir d'Landwirtschaft. Déi Motioun hu mer, mengen ech, scho virun aacht Joer eng Kéier bruecht. Déi war awer ugehall ginn. Et ass just leider näischt geschitt. Dofir: Ech hunn haut d'Saach opgi mat de Motiounen, well ech weess jo, datt näischt geschitt! Sou!

Eeleftens: d'Digitaliséierung, fir méi effizient ze sinn, an domadder och de Klimaschutz ze ënnerstëtzen. Precision Farming! D'Viviane wäert och nach eng Kéier dorobber agoen. An dat gëllt fir déi gesamt Ekonomie!

Zwieleftens: eng konsequent Ënnerstëtzung vun der Bioenergie, well vun do un, datt dës Regierung do ass, ass d'Unzuel vun de Biogasanlage just erfogaangen.

Draizéngtens: eng konsequent Ënnerstëtzung vun der Diversifizierung vun der Landwirtschaft. An och do erëm eng Kéier: Wannechgelift, net nëmmen an de Sonndesrieden. Ech ginn hei an dësem Punkt definitiv esou rosen! Erëm eng Kéier d'Naturschutzgesetz! Dat, wat d'Naturschutzgesetz an der Zone verte zouléist fir eng Activité agricole, dat ass Landwirtschaft vu gëschter! Mir brauchen eng Landwirtschaft vu muer, also misste mer och do d'Naturschutzgesetz upassen. Mee och do ass d'Majoritéit dergéint!

Dann dat Zweet. „Mir brauche méi Geméis“, soen déi gréng bal an alle Rieden. Mee nondi... - dat soen ech elo net.

(Hilarité)

Mir brauche Waasser, fir Geméis ze produzéieren! „De Waasserpräis“, seet d'Madamm Ministesch, si ass elo net do, „o, do gi mer net drun!“ Mee e Produzent, dee Geméis mécht, dee gäre wëllt verkafen, well e jo och nach wëllt Sue verdéngen, dee brauch Waasser zu engem räsonabele Präis. Also, wannechgelift, net nëmmen an de Sonndesrieden iergendepes soen, mee reagiert konkret!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen nach eng kleng Klammer op, wat den Ëmwelt- a Klimaschutz ugeet. Den Ëmweltministère spillt nämlech ganz gäre mat senge Muskelen. Heiansdo kéint ee mengen, et wären Anabolika am Spill. An u sech géif ech souguer mengen, et sinn der am Spill, well mir hu Gesetzter, déi dat definitiv zouloossen. Et si Gesetzter do, déi Willkür zouloossen, richtig Muskelspieler. An dat beschte Beispill ass erëm eng Kéier d'Naturschutzgesetz.

D'Naturschutzgesetz léisst nach ëmmer all Willkür dran. Den „Traversini-Artikel“, deen d'Ministesch aus dem Tirang gezaubert hat - an en Artikel, dee virun nach ni benotzt gi war -, fir u sech eng Geneemegung ze ginn, déi ee warscheinlech net hätt kënnen ginn, genau deen Artikel hate mer proposéiert ze sträichen, fir eebe keng Willkür méi zouze-loossen. Mee nee, deen Artikel muss onbedéngt drableiwen! Also do kann een „Ein Schelm, wer Böses denkt“ soen!

Dann zur Politik mat de Leit, och am Beräich vun der Ëmwelt. „Et muss een op d'Leit lauscheren“, sot de Premier. Ech hat nogelauschert.

D'Bëschgesetz: e gutt Beispill, wéi et net geet. Wem gehéiert de Bësch? De Privatbëschbesëtzer an de Gemenge gehéiert de gréissten Deel vun de Bëscher. Déi zwee si géint dat Bëschgesetz. Wat mécht den - elo wollt ech schonn Educationsmnistère soen - Ëmweltministère? Ma dee weist seng Muskelen a seet: „Dat ass eis schnurzegal. Et gëtt esou duerchgezunn, wéi et ass.“

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann zu eiser Wirtschaft am Allgemengen. A fir d'éischt wëll ech soen, datt mer kënnen frou sinn, datt mer eng Finanzplaz hei zu Lëtzebuerg hunn, well dank där Finanzplaz geet et eis relativ gutt vis-à-vis vun deenen anere Länner. Hei awer och sechs konkret Fuerderungen, wat d'Wirtschaft ugeet:

Éischtens: Mir mussen eis Wirtschaft erhalen. Si muss kompetitiv bleiwen. Wa mer nämlech keng Sue méi erwirtschaften, dann hu mer keng Sue méi fir ze verdeelen a mir hunn och keng fir de Klimaschutz. Mir brauchen e gratis Klimacheck fir d'Betriber a Berodung: Pacte Climat fir d'Betriber. Dee steet elo, dat hu mer elo gëschter annoncéiert kritt.

Mir hunn dat 2019 gefrot. Mir hunn et 2020 gefrot. 2019 war et refuséiert ginn. 2020 - ee Joer hier -, mengen ech, sollt et an d'Kommissioun kommen. Et war nach ëmmer net an der Kommissioun. Ben, ech si frou, datt et dann eeben elo gëschter an der Deklaratioun dra war, mee ech soe just: Dir hutt hei vill wäertvoll Zäit verluer. Mir brauchen e System vu Bähëllefen oder vu steierleche Virdeeler fir klimafreëndlech Investitiounen. An och den Energiepräis muss bezuelbar bleiwen. Et déngt nämlech näischt, wa mer hei zum Beispill eis Stolindustrie futti maachen an dann alles aus China importéieren. Dat hëlleft dem Klima net an ech mengen, a puncto Ofhängegkeet, strategesch Ofhängegkeet, hätte mer dann och schlecht geschafft.

Zweetens: Mir brauchen eng konsequent Wirtschaftsan Industriepolitik. Mir brauchen en Nohaltegkeetscheck fir Betriber, ier se heihinner kommen. E schlecht Beispill, wéi et net soll funktionéieren: Dossier FAGE. Deen Nohaltegkeetscheck mat de Krittären ass annoncéiert. Mir hätte wierklech gären, e géif elo um Dësch leien. A wannechgelift keen administratiivt Monster!

Drëttens: Mir brauche méi dezentraliséiert Bauschuttplazen. Ech fuere moies ëmmer um Rouscht laanscht, da stinn d'Camione schonn an der Schlaang. Ech denken dann ëmmer un de Marco Schank, dee sot: „Ech hoffen, datt dee Bierg iergendwann eng Kéier ‚Schankeberg‘ genannt gëtt.“ Also „Schanke“ vu „Marco Schank“, well hien dat decidéiert hat. Mee aacht Joer laang ass näischt geschitt hei. Mir bauen, wëssen awer net, wou de Bauschutt higeeet. Do agéiere mer net.

Véiertens: Kreeslafwirtschaft. D'Chancen notzen, fir Lëtzebuerg als gréngen Industriestanduert ze promouvieren, zum Beispill duerch d'Usidele vun Entreprises, déi sech mam Recycling vun Elektrogeräter an Autoe befaassen - Stéchwuert: Batterie. Hei aktiv ginn an net op déi aner hoffen, déi sech mat Techniken zur Réckgewinnung vu Wäertstoffer aus Ofwaasser befaassen, zum Beispill Phosphatgewinnung, déi sech mat ëmwelt- a ressourcésécherer Réckbau vu Wandmille befaassen, well déi si mer jo schonn erëm amgaang, ofzerichten an erëm neier opzerichten. D'Regierung schafft elo un enger Etüd an un engem Aktionsplang. Dës Etüd misst an eisen Aen um Dësch leien.

Fënneftens: D'Betriber brauchen Ënnerstëtzung bei der Digitaliséierung. Mir fuerderen hei Bähëllefen oder steierlech Virdeeler fir d'Investitiounen an d'Digitalisatioun. Souwäit, wéi ech dat héieren hunn, soll do eppes kommen. Wat konkret, weess ech nach net.

Sechstens: d'Independanten. Deene mussen mer hëllef a se net diffaméieren. Ech soen et awer nach eng Kéier: Si fueren net alleguer mat engem Ferrari





ronderëm. Wa mer hei net agéieren, da riskéiert definitiv aus deem „Trau dech“ e richtegen „Trau dech nëmmen net“ ze ginn. Ech hu gëschter näischt hei héieren. Fir si ze ënnerstëtzen, fuerdere mer Upassung bei der Sécurité sociale am Kontext vun de Fréipensiounen an Upassungen am Aarbechtsrecht, fir géint Ongerechtegkeete virzegoen.

An dann, Här President, wëll ech awer nach eppes soen: Mir wëlle keng Coronasteier. Weeder fir d'Leit nach fir d'Betribler, well wann en Neiopbroch definitiv eppes net brauch, da sinn et zousätzlech Steieren. Mol ganz ofgesi vun de rechtliche Bedenken.

Här President, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Ech sinn do.

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- ... als CSV sti mer fir eng nohalteg Maartwirtschaft. Dat ass e weesentlecht Element vum Lëtzebuurger Modell an och vum Lëtzebuurger Sozialmodell, an deem ass fir eis extreem wichteg. Dozou gehéiert och de Sozialdialog. Stéchwuert: Politik mat de Leit. Et ass wierklech net ze verstoen, firwat datt dës Regierung sech mat Hänn a mat Féiss, an ech weess net mat wat nach allem, gewiert huet, ier dann elo endlech déi Tripartite zustane kënn. Uff, kann ech soen!

Et geet nëmme mateneen, soen ech lech. De Marc Spautz wäert nach am Detail heirop agoen. An hie wäert och déi Sozialleeschungen, déi hei annonciéiert gi sinn, u sech nach eng kéier, och a puncto sozial Ongerechtegkeeten, genau ënnert d'Lupp huelen. De Paul Galles wäert dann op déi weiderlafend steigend Aarmut hei zu Lëtzebuerg agoen. Well zur Lag vun der Natioun gehéiert och d'Situatioun vum Portmonni vun de Privatleit. An déi ass bei ville Leit net roseg.

De Premier hat gëschter versprach oder hien hat gesot, hien hätt versprach gehat, hie géif keen am Ree stoe loosse. Ech kann awer just feststellen: Den Aarmutrisiko ass hei zu Lëtzebuerg staark gestigen. An d'Aarmut ass schonns an der breeder ...

(*Interruption par M. Xavier Bettel*)

Also, ech fänken elo net un ... Den Här Premier wollt eppes soen, ech äntweren em och elo. Ech fänken elo net un, vu virun 20 Joer ze schwätzen, Här Premier.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ech hunn nämlech just gesot, dass dës Woch d'Chiffere vum Statoc géife kommen. Vläch huet d'Madamm Hansen déi gelies?

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech hunn déi lescht Jore gekuckt.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- A ok.

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech mengen, datt Dir d'Chiffere warscheinlech éischter kritt wéi ech. Dovunner ginn ech emol aus.

Ech hu gesot: D'Aarmut ass ëmmer méi wäit virugeschrott, bis an d'Mëttelschicht eran. An hei brauche mer eng kloer Entlaaschung. An do wäert de Gilles Roth nach drop agoen. Hie wäert déi gesamt Steierpolitik op de Leescht huelen, vun där mer allerdéngs gëschter net vill héieren hunn. Do war e grousst Walversprieche vun der grousser Steierreform. Do ass awer näischt komm. De Gilles, wéi gesot, wäert dat muer an Ugrëff huelen.

Dir Dammen an Dir Hären, de Premier huet gëschter a senger Ried zur Lag vun der Natioun u sech e positiven Halbzeitbilan vun der Regierung gezunn. Dat ass och net verwonnerlech an et wäert lech och net iwwerraschen, datt mir mat dësem Bilan net averstane sinn. Net, well mer an der Opposition sinn, mee well dës Regierung an alle weesentleche Punkten net vill Léisunge fir d'Leit bruecht huet. Et sinn Ziler do, mee de Wee ass net kloer.

D'Leit waren a sinn deelweis zefridde mam Coronamanagement, woubäi een dat beim Impfe wierklech muss staark relativéieren. Hei steet Lëtzebuerg ganz schlecht do. Mee zu de Prioritéite vun de Leit ass net vill bei dësem État de la nation u Léisunge komm. Dat gëllt fir d'Wunnen, wéi ech gewisen hunn. Dat gëllt fir d'Steiergerechtegkeet an d'Steierentlaaschung. Dat gëllt fir d'Gesondheet. Dat gëllt fir eis Schoul. Dat gëllt fir d'sozial Gerechtegkeet. Dat gëllt fir de Klimawandel. An an an.

Ech soen, mir kënnen et definitiv hei packen. Mee duerfir muss ugepaakt ginn! Ech nennen nach eng kéier dat Beispill vum Bierg: Wann Der net upaakt, da fale mer ëm, a wa mer ëmfalen, dann deet et leider Gottes an dësem Fall net nëmmen dem Vëlsofuerer wéi, mee et deet deem ganze Land wéi. Mir müssen hei net nëmmen Ziler definéieren, mee mir müssen hei de Wee, konkreet Mesuren definéieren. An déi müssen duerchgezu ginn. Am Numm vun der CSV hunn ech hei 50 konkreet Verbesserungsvorschläg gemaach fir eng zukunftsorientéiert Politik. An ech soen nach emol: Mir brauchen eng Politik mat de Leit. Eng Politik, déi op d'Leit lauscht, déi bei de Leit ass. An dat an der Realitéit an net nëmmen hei an de Rieden.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och der Madamm Hansen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Baum fir d'DP. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Merci fir d'Wuert, Här President. En ongewinnt Bild, erëm hei ze stoen, awer e gutt Gefill, fir erëm hei ze stoen.

Lëtzebuerg huet an deene leschten 18 Méint Charakter gewisen. Lëtzebuerg huet während der Pandemie zesummegehalen. Mir ware solidaresch ee mat deem aneren. Mir hunn eis géigesäitig ënnerstëtzt, eis Mutt gemaach. A mir hu resolutt dergéintgehalen. An dat hu mer alleguer zesumme gemaach.

Déi lescht 18 Méint ware keng einfach a si hu Spueren hannerlooss bei jiddwengem. Vun haut op muer war villes anescht. E Virus huet ugefaangen, eist Liewen ze bestëmmen. Maskepflicht, Confinement, Aschränkung vun de Fräiheeten, alles dat Saachen, déi eis bis dohinner friem waren. Dass dat net jiddwengem gläichermoosse licht gefall ass, ass verständlech. Et ass och mënschlech.

D'Covidkris ass nach net eriwwer. Mee ech mengen, mir sinn an der leschter Ligne droite. Mat der Impfung hu mir dat richteg Mëttel, fir dës Kris definitiv hannert eis ze loosse. Ech wëll op dëser Plaz nach eng kéier e waarmen Appell maachen, fir dës Chance ze notzen. Informéiert lech. Schwätzt mat Ärem Dokter. A loosst lech impfen. Et war nach ni esou einfach wéi haut.

Nieft dem Coronavirus an der Pandemie gëtt et eng ganz Rei aner Erausforderungen, déi mer müssen ugoen. Munch Defie begleeten eis scho méi laang. Aner sinn duerch déi Kris, duerch déi mer gaange sinn, eng kéier verstärkt oder erëm eng kéier méi visibel ginn. De Kampf géint de Klimawandel, d'Situatioun um Wunnengsmaart an déi sozial Gerechtegkeet ziele sécherlech dozou. Et sinn dräi Sujeten, déi ontrennbar mateneen verbonne sinn. Si musse mateneen ugaange ginn a se däerfen net géinteneen ausgespillt ginn.

Här President, mir hu gëschter e Premier héieren, deen determinéiert ass, dës Erausforderungen unzegoen. E Premier, dee resolutt no vir kuckt, fir d'Land op d'Zukunft virzubereeden. E Premier, deen d'Geschicht um Erfollegmodell Lëtzebuerg wëll weiderschreien - net vun uewen erof, mee zesumme mat de Leit.

(*Interruption*)

Här President, d'Situatioun, an där mer eis befannen, ass aussergewöhnlech, fir net ze soe kritesch. De Klimawandel, oder besser d'Klimakris, ass reell a betrëfft eis all, an zwar an alle Beräicher vun eisem Liewen. De Klimawandel/d'Klimakris beschäftegt eis all. Ech denken un déi Jonk, déi reegelméisseg op d'Strooss ginn, fir - zu Recht - en effikasse Klimaschutz ze revendiquéieren. An ech denken un all déi vill manner Jonk, déi si doranner ënnerstëtzen. Ech denken un all déi Leit, déi déi éischt Konsequenz vun der Äerderwärmung scho ganz konkreet ze spiere kritt hunn an de leschte Méint, an de leschte Joren. An dat net nëmmen am Ausland, mee och hei zu Lëtzebuerg.

Wann däi Keller op eemol ënner Waasser steet oder op dengem Feld näischt méi wisst, well et méintelaang net gereent huet, da gëtt deen abstrakte Klimawandel mat engem Schlag siichtbar an et gëtt och deem Leschte kloer, dass mer seriö eppes änneren müssen.

Ech ginn et zou: D'Monumentalitéit vun dëser Erausforderung ass schwéier ze gräifen! D'Klimakatastroph ophalen, heescht, d'Aart a Weis, wéi mer als Gesellschaft bis elo funktionéiert hunn, d'Aart a Weis, wéi mer bis elo an der Gesellschaft gelieft hunn, komplett nei ze denken an ze hannerfroen. Dat geet vun der Energieproduktioun iwwert d'Mobilitéit bis bei de Logement, an doriwwer eraus bis an deen allerleschte Wénkel vun eisem Liewen. Dat wäert net einfach esou geschéien. Dat wäert och net gratis sinn. Nee, dat wäert richteg vill Sue kaschten!

Mee, Här President, keng ambitiéis Klimapolitik ze bedriewen, dës Aufgab net mat voller Energie a mat vollem Courage unzegoen, dat, Här President, dat géif eis nach vill, vill méi deier ginn. Däers muss ee sech bewosst sinn an dat muss een de Leit och soen. D'Aufgaben, déi virun eis stinn, déi sinn enorm. An d'Zäit, déi eis bleift, ass kuerz.

Mam sechsten IPCC-Rapport krute mer op en Neits d'Urgence vun der Klimakatastroph virun Ae gefouert. D'Wëssenschaft seet eis ëmmer nees, dass et fënneg vir zielef ass, wann net scho méi spët. D'Zäit, déi bleift, fir dat Schlëmmst ze verhënneren, gëtt ëmmer méi knapp. Ouni staark Mesuren erreche mir déi 1,5-Grad-Erwärmung schonn 2035, also zéng Joer méi fréi, wéi nach viru Kuerzem geduecht. An awer: Och dee leschte Rapport léisst Plaz fir Hoffnung. Et ass nach net ze spët, fir d'kéier nach ze kréien.

Perséinlech verstinn ech déi Leit ganz gutt, déi soen, dass alles vill ze lues geet, dass mer net séier

genuch virukommen. Gleeft mer, wann et einfach wär, wa mer kéinten op e Knäppchen drécken, fir dat do alles ze bewierkstellen, dann hätte mer de Problem scho laang geléist! Wat mer d'Klimatransitioun éischter hikréien, wat et mir an, ech mengen, jiddwengem heibanne léiwer wär.

Trotzdem kann ech de Virwurf, d'Regierung hätt näischt oder ze wéineg opweises, absolutt net gëlle loosse! Dës Regierung huet de Klimaschutz vun Ufank un zu hirer absolutter Prioritéit gemaach, wéi de Premier et gëschter nach eemol ënnerstrach huet.

An de leschte Joren huet d'Regierung eng ganz Rei Mesuren decidéiert, sief et, fir méi klimafrëndlech Mobilitéit ze fërderen, fir déi erneierbar Energie massiv auszubauen a fir d'Emissiounsneutralitéit beim Wunnen a beim Heizen henzekréien.

Beim Logement hu mer mat déi héchsten Ëmweltstandarden op der Welt. Mir hunn et duerch d'Passiv- an d'Nidderenergiehaiser faerdegbruecht, dass eise Parc immobilier gewuess ass an dass gläichzäitig d'Emissiounen an deem Beräich erofgaange sinn.

Oder kucke mer d'Rekordinvestitiounen an den ëffentlechen Transport. Dat geet vum Tram iwwert den Zuchreseau bis zum Ausbau vun enger ganzer Rei vu Park & Riden. An d'Kiischt um Kuch ass natierlech de gratis ëffentlechen Transport. A verschiddene Länner, wéi an der Belsch zum Beispill, gëtt et Diskussiounen, fir eis et nozemaachen, fir dass si och kënnen hir Klimaziler errechen.

Virun allem ass et awer der Regierung gelongen, fir keng Klimapolitik vun uewen erof ze maachen. Am Géigendeel, d'Zil war et ëmmer, d'Leit matzehuelen, hinnen Alternativen unzebidden an och Ureizer, fir dës Alternativen ze notzen. Ech hat schonn eemol d'Beispill vum gratis ëffentlechen Transport ernimmt.

Fir eis als DP ass et wichteg, Klimapolitik mat de Leit ze maachen an net géint d'Leit. Dat heescht, dass een de Leit muss Alternativen ubidden. Klimapolitik mat de Leit maachen, dat heescht och Rücksicht op Leit huelen, déi och schonn esou Schwierigkeeten hunn, um Enn vum Mount déi zwee Enner beieneenzekréien.

D'sozial Verträglechkeet vun der Klimapolitik ass den A an den O, fir dass se och vun de Leit matgedroe gëtt. Och hei si mer dervun iwwerzeegt, dass d'Regierung dee richtige Wee ageschloen huet.

Mat der Aféierung vun der CO<sub>2</sub>-Steier dëst Joer gouf nämlech och e Crédit d'impôt vu 96 Euro agefouert. Domadder ass den Impakt vun deenen 20 Euro pro Tonn op Brennes a Bensinn sozial ofgefiedert ginn, a fir déi schwächste Stéit souguer ausgeglach ginn. Et sinn iwwregens net mir, déi dat soen, mee et ass keen anere wéi de Statoc.

Wa mer eng kéier kuerz bis an eis Nopeschlänner kucke ginn, da sti mer mat eiser CO<sub>2</sub>-Steier, mengen ech, ganz gutt do. A Frankräich kascht d'Tonn 45 Euro. An Däitschland 25. A Spëtzeleider, dat sinn d'Schweden. Do kascht eng Tonn CO<sub>2</sub> 120 Euro.

Zu Lëtzebuerg fänke mer dogéint lues un: mat 20 Euro. D'Zil ass et jo net, fir d'Leit ze schikanéieren. An et ass och net, fir d'Staatskeesen ze féllen. Am Géigendeel! Et ass am Fong näischt anescht wéi déi konsequent Applikatioun vum Prinzip vum Pollueur-payeur, och bei den Emissiounen.

Donieft féllen d'Recettë vun der CO<sub>2</sub>-Steier net de Staatssäckelchen, mee si flëssen direkt zu enger Halschent a sozial Kompensatiounen an zur anerer Halschent a Klimaprojeten. Well dat ass jo eigentlech de sprangende Punkt vun eiser Politik: Mir wëlle virun allem Alternativen attraktiv maachen, andeems mer an den ëffentlechen Transport investéieren, andeems d'emissionsfräi Mobilitéit gefërdert gëtt an d'Ersetze vu Gas- a Mazoutsheizungen encouragéiert gëtt; an eréischt lues a lues klimaschiedlecht Verhale méi deier maachen.

Här President, als DP si mer der Meenung, dass den Haaptfokus vun der Diskussioun awer net op deem soll leien, wat scho gemaach ginn ass. An ech soen: Et ass vill geschitt an et kéint ee mat Sécherheet déi eenzel Mesuren duerchdiskutéieren.

Nee, mir müssen no vir kucken, op dat, wat nach ze maachen ass. Dat Joerzénge, wat virun eis läit, gëtt decisiv. Et bleift eis nach eng Zäitfënster vu ronn zéng Joer, bis 2030, fir déi déifgräifend Verännerungen, déi néideg sinn, op d'mannst zu engem guden, zu engem groussen Deel ëmzesetzen. Et ass dës Generatioun, déi elo an der Verantwortung ass, déi d'Méiglechkeet nach huet, eppes ze maachen, déi d'Méiglechkeet huet fir ëmzesteieren. Duerno kéint et vläch ze spët sinn.

D'Regierung huet sech dowéinst ambitiéis Ziler ginn, déi deem Rechnung droen. Si wäerten eis et erlaben, eise Bäitrag an der Welt ze leeschten, fir de Klimawandel opzehalen, deem entgéintzewierken. Och als klenzt Lëtzebuerg spille mir am Kampf géint de Klimawandel eng wichteg Roll. Ech géif soen, mir spillen eng Virreiderroll! Als eent vun de räichste Länner ass et och un eis ze weisen, dass et geet a wéi et geet! Mir müssen déi Virreiderroll

do unhuelen - an Europa an an der Welt. Op anere Felder hu mer scho bewisen, dass mer et kënnen, an ech sinn iwwerzeegt: Hei kënnen mer et och!

Net jiddwereen ass der Meenung, dass déi gesaten Ziler realistesch sinn. Dass se ze vill éiergäizeg sinn, dass mer eis Gesellschaft an eis Wirtschaft net esou séier ëmgekrempelt kréien - als Demokratie. Partei gesi mer dat anescht. Mir sinn zouversiichtlech, dass mer eis Ziler och wäerte kënnen anhalen, dass d'Regierung dee richtige Kader gesat huet a weider setze wäert, fir dass mer zu engem Virreider an der Dekarboniséierung wäerte ginn.

Wat d'Ziler fir 2030 ugeet, si mer optimistesche, dass mer se erreche wäerten. D'Regierung huet sech eng kloer Roadmap ginn, mat kloeren Instrumenter, wéi dat soll geschéien.

Mam Klimagesetz ginn net nëmmen d'Klimaziler bis 2030 an d'Klimaneutralitéit bis spëtstens 2050 gesetzlech verankert. Donieft ginn och fënneg sektoriell Ziler festgehalen, mat kloeren Trajectoire fir déi nächst Joren - déi allerdéngs och flexibel genuch sinn, fir déi eenzel Secteuren net ze iwwerfuerderen an déi och kënnen ugepasst ginn.

(*Interruption*)

Här President, ech hunn et gesot: Klimapolitik mécht een net géint d'Leit an och net laanscht d'Leit - Klimapolitik mécht ee mat de Leit.

De Premier Xavier Bettel huet gëschter e Modell vu gesellschaftlecher Participatioun op den Dësch geluecht, deen et an där Form zu Lëtzebuerg bis elo nach net gouf. Mam Aberuffe vun engem Biergerrot geet Lëtzebuerg an der Klimapolitik nei Weeër.

Dëse Biergerrot wäert d'Diskussiounen ronderëm zousätzlech Klimagesurë weider demokratiséieren, fir e gréisstméigleche gesellschaftleche Konsens unzestriewen.

D'Gesellschaft dobausse kritt eng Stëmm um Verhandlungsdësch. Wéi wäit si mer bereet ze goen? Musse mer an der Klimapolitik nach méi wäit goen an zousätzlech reglementéieren? Wéi vill kënnen mer de Leit zoomudden, ouni d'sozial Kohäsioun op d'Spill ze setzen?

Déi 100 zoufällg ausgewielte Bierger, déi eist Land vun der Demografie hier erëmispigelen, wäerte sech mat deene Froe beschäftegen an doriwwer beroden, wéi wäit si iwwert de Lëtzebuurger Klimaplang erausgoe kënnen oder wëllen, fir eist gemeinsamt Zil ze errechen.

Wat d'Staatsfinanze betrëfft, géif ech soen, wäere mer relativ gutt duerch d'Pandemie komm, besonnesch, wann een eis Situatioun mam Gros vun deenen aneren EU-Memberstaate vergläicht. An dat ass deene gesonde Staatsfinanze ze verdanken, déi mer haten, wéi mer an déi Kris eragaange sinn.

Virun der Kris hu mir net nëmmen am Gesamtstaat, mee souguer am Zentralstaat Iwwerschëss verbucht, an dat déi éischte kéier zanter der Finanzkris. Wat d'Staatsschold ubelaangt, esou louch déi 2019 bei 22 % vum PIB. A krisebedingt ass deen Taux louch an d'Luucht gaangen. Mee mir wäerte bis 2025 ganz kloer ënnert deenen 30 % Verschuldung leien, wéi se am Koalitiounsaccord festgeschriwwen ginn ass. A mir wäerten natierlech daitlech ënnert de Maastricht-Krittäre bliwen, déi 60 % Staatsverschuldung par rapport zum PIB erlaben. Dëst si gutt Nouvelen, virun allem, wann ee sech virun Ae féiert, dass eis Schold a Prozentpunkte souguer am mannste an der ganzer Europäescher Unioun gewuess ass.

Dës favorabel Ausgangspositioun huet et dem Staat erlaabt, fir ganz schnell am Ufank vun der Kris déi Mesuren en place ze setzen, déi Schlëmmes verhënnert hunn. Dës Regierung huet soumat de Leit, de Bierger an den Independanten déi néideg Ënnerstëtzung kënnen bidden, fir gutt duerch dës Kris ze kommen. Bis ewell goufen 2,6 Milliarden ausbezuelt. Vill Geld, mee ouni déi Mëttele wäeren d'Effete vun der Kris op eis Gesellschaft net ofzefiedere gewiescht. Mir hunn esou Aarbechtsplazen ofgeséichert an Existenze gerett.

D'Solidaritéit gouf zu all Moment groussgeschriwwen. Mam Chômage partiel goufen Aarbechtsplazen am Land gerett. D'Kafkraaft vun deene sozial Schwächste gouf gestärkt. A mat enger ganzer Panoplie un Hëllef goufen och d'Betribler ënnerstëtzt.

Natierlech huet dat e staarken Impakt op d'Staatsfinanze gehat, mee wat hätt et eréischt kascht, wa mer net esou resolutt agegraff hätten!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Eng Austeritéitspolitik war weeder 2020 nach elo eng Optioun. Déi Léier hu mir alleguerten aus der Finanz- a Wirtschaftskris aus de Joren 2008 an 2009 gezunn.

Mir sinn et anescht ugaange wéi bei der leschter grousser Kris. Mir sinn d'Suen net an d'Täsch vun de Leit siche gaangen. Anescht wéi eng viregt Regierung mat engem CSV-Premier an engem CSV-Finanzminister hu mir d'Leit net fir dës Kris bezuele





gelooss. Nee, mir hunn hinnen hir Suen an hir Kafkraaft gelooss. Eng Kris, fir déi d'Leit näischtkonnten!

Mat der resolutter Interventioun vun der Regierung konnte mir d'Kontraktioun vun eisem PIB vun 1,8 % relativ gutt an de Grëff kréien. Domat si mer besser dervukomm wéi déi allermeeschte Staaten, déi an der Moyenne en Negativwuesstum vu 6 % haten.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Madamm Hansen, just esou niewebäi: Fir bei Äre Votte virdru vu Respekt ze schwätzen ... 6 vun 21 ...

(*Interruptions et brouhaha*)

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Här President, ech weess net, ob dat do ...

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Ech fueren ...

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- ... zum Ordre du jour passt. Mee ech hat am Ufank och net gezielt, wie present war, wéi et lassgoung.

■ **Une voix**.- Alleguer!

■ **Une autre voix**.- Mir waren alleguer, ...

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Bal alleguer.

■ **Plusieurs voix**.- Neen.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Kommt, mir fuere weider!

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Um zwou Auer war et nach relativ dënn.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Also, wann Der en Arbitter braucht, ...

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Sou. De Projektiounen, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- ... Madamm Hansen, wann Der en Arbitter braucht, ech schreide ganz gär an. De Sall war besser besat.

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Den Här Wolter huet Zännwéi.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- De Projektiounen no läit d'Croissance vum Lëtzeburger PIB fir dëst Joer bei ronn 6 %. Och hei si mer e ganz guddé Schüler an der Europäescher Unioun. Dës Croissance dréit natierlech zu enger Verbesserung vun de Staatsfinanze bäi, wat mir besonnesch bei de Recettë feststelle konnten. Awer d'Nowéi vun der Pandemie, déi wäerten eis awer nach e puer Joer mat kräftegen Defiziter begleeten.

D'lescht Joer gouf et en Defizit vun 3,2 Milliarden Euro beim Zentralstaat. Et war och en aussergewöhnlecht Joer. Fir dëst Joer gesäit de Budget en Defizit vun ëmmerhin nach 1,4 Milliarde vir. Dat ass vläicht besser wéi de Solde, dee virgesu war, mee et ass net gutt. Dëse Solde gëllt et elo progressiv ofzebauen, ouni eis laangfristeg Ziler aus den Aen ze verléieren.

De Wee zur Normalisatioun vun eise Staatsfinanzen, déi an de leschte Méint agetrueden ass, gëllt et elo mat roueger Hand ze begleeten. An et ass net de Moment fir onkontrolléiert Schëss aus der Hëft. D'DP ass dofir ganz kloer géint Steiererhéijungen an och géint d'Aféierung vun enger Coronasteier.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- An dat aus e puer Grënn: Mir géifen domadder déi laang erhoffte Reprise nees direkt ofwiergen. Et wär eng Brems fir eis Croissance a Gëft fir eis Wirtschaft. All international Gremie roden eis och dovunner of, egal ob FMI oder Europäesch Kommissioun. Si wëllen de Betriber nees Loft fir ze ootme ginn, amplaz hiren Investitiounsspillraum duerch steierlech Belaaschtungen ze reduzéieren. An drëttens: Ech fannen et och net gutt, d'Betriber matzen an der Pandemie derzou ze incitéieren, hir Produktioun ëmzestellen, well et hei am Land u Material gefeelt huet, a se duerno steierlech ze belangen a se domat ze bestrofen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Dat si fir eis keng Krisengewënner, mee Betriber, déi Innovationskraft gewisen hunn, fir sech a kierzter Zäit un eng Situatioun unzepassen an domadder och en Deel vun der Léisung waren.

Mir sinn aus dëse Grënn der Meenung, dass d'Aféierung vun enger Coronasteier ganz kloer de falsche Wee an e falscht Signal wär.

Gradesou kloer soen ech awer och, dass et keng Steierentlaaschtunge wäert zu dësem Moment ginn. Och dat wär an dëser Situatioun onverantwortlech. Jo, mir wollten eng zweet Steierreform ëmsetzen, eng modern Steierreform, déi de Realitéite vun der haiteger Zäit Rechnung dréit. Mir wollten d'Individualiséierung ëmsetzen, well mer der Meenung sinn, dass et dem Staat egal muss sinn, wéi ee leeft.

■ **Une voix**.- ... e groussen Iertum.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- An Ären Aen, jo. A mengen net! Egal, ob bestuet, gepacst, elengerzéiend, Wittmann, Wittfra, Jonggesell, dat muss dem Staat egal sinn. Dat bleift och weiderhin eis Iwwerzeugung. D'Steierklasse mussen iergendwann ofgeschafft

ginn. Mir kréie soss d'Ongerechtegkeeten, déi et an eisem Steiersystem gëtt, net aus der Welt geschaaft.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Eng déifgräifend Steierreform ass also néideg, awer zu dësem Zäitpunkt net méiglech. Mir brauchen e moderne Steiersystem, deen de Realitéite vun haut Rechnung dréit. Mir refuséieren awer ganz kloer, eng Steierreform iwwer Scholden, also op d'Käschten an um Bockel vun den nächste Generatiounen ze finanzéieren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Sech dat mussen agestoen, och dat gehéiert zu enger responsabler Finanzpolitik.

■ **Une voix**.- Ganz richtig.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Mir waren 2019 gutt ënnerwee. Wann ech soe „mir“, da waren dat d'Demokratesch Partei, d'Kollege vun der LSAP an d'Kollege vun deene Gréngen. Mir haten eng ganz Rëtsch vu Proposen zesummegebroe fir een neie Steiersystem.

■ **Une voix**.- Gradesou gutt!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Eng ganz Rëtsch vu Proposen am Beräich Ëmwelt, am Beräich Logement, am Beräich Betriber, am Beräich Entlaaschtung vun de Familljen. Mir ware wirklech gutt ënnerwee. An et deet mer leed, dass mer op deem Wee net konnte weiderfueren, well du koum d'Pandemie. An déi stoung net am Koalitionsaccord.

D'Madamm Hansen huet et fäerdegruecht, déi ganz Stonn net ze drénken. Dat kréien ech net hin!

(*Brouhaha*)

Et ass nëmme Waasser.

(*Hilarité*)

D'Normalisatioun wäert nëmmen da stattfanne kënnen, wa mir eiser Ekonomie e previsible Ëmfeld bidden, dat Wuesstum schafft. Eng gutt funktionéierend Wirtschaft schafft Perspektive fir d'Leit a generéiert déi néideg Recetten, fir dës Kris ze verdauen an Investissementer an d'Zukunft ze tätigen. De Staat huet an de leschte Jore wichteg Investissementer gemaach. 2019 louchen d'Investissementer bei 2,7 Milliarden, 2020 covidbedéngt bei 3,5 Milliarden an 2021 bei 2,9 Milliarden.

Déi ordinär staatlech Investissementer sinn also an deene leschte Jore kontinuéierlech an d'Luucht gaangen. Dat ass och d'Virussetzung, fir eist Land op d'Zukunft kënnen ze preparéieren. Besonnesch am Mëttelpunkt stinn d'Investissementer an Zesammenhang mam nationale Klima- an Energieplang an der Digitalisatioun. Eleng fir d'Ëmsetzung vum PNEC war fir d'Joer 2021 iwwer eng Milliard Euro virgesinn a fir d'Joer 2022 wäert dës Montant nach eng Kéier staark an d'Luucht goen.

Grouss Ustrengunge ginn och am Beräich Logement gemaach. Dat lescht Joer goufe ronn 100 Milliounen investéiert an d'Schafe vu bezuelbarem Wunnraum. An dësse Montant wäert sech bis 2023 méi wéi verduebelen.

De Logementsproblem an de Grëff ze kréien, war, ass a bleift eng absolutt Prioritéit vun eisem politeschen Handeln. Mir mussen eis awer agestoen, dass d'Offer der Demande nach net nokënnat an dass mir d'Spekulatioun net genuch agedämmt kréien. An déi berüümt „baguette magique“, déi mer hei géife brauchen, déi hat bis elo keen heibannen an déi huet och keen heibannen.

D'Resultat kenne mer: D'Präisser sinn héich a si klamme weider! Nach virun der Summerpaus hu mer awer de Pacte Logement 2.0 gestëmmt. An heimat kënn et zu engem Paradigmewissel, well Staat a Gemengen endlech an de Besëtz vu Bauland kommen an zum aneren Deel och méi dense gebaut wäert dierfe ginn. Déi öffentlech Hanhd schafft notament mat Projete wéi Elmen, Wunne mat der Wootz an och Neischmelz zu Diddeleng eng méi grouss Offer fir abordabele Wunnraum. Iwwer 3.100 Logementer sinn iwwert dës Wee den Ament an der Realisatioun.

Och de Baulandvertrag, eng Ur-DP-Iddi, wäert derzou bäidroen, dass méi Terrain mobiliséiert ka ginn a soumat och méi Wunnengen entstoe kënnen. An der Vergaangenheet goufen Dausenden Hektar als Bauland ëmklasséiert, ouni de concernéierte Proprietäre virzeschreiwen, bis wéini se hiren Terrain misste bebaut hunn. Den Terrain louch also weider brooch. E läit vläicht souguer haut nach brooch. Dës Feeler solle mer, dës Feeler dierfe mer an Zukunft net nach eng Kéier maachen!

D'Regierung huet och d'lescht Joer steierlech Instrumenter ofgeschafft, déi der Saach net dénglech waren. Laang ass driwwer geschwat ginn, mir hunn et d'lescht Joer zesummen an Ugrëff geholl. Ech denken notament an d'Abuse vun de FIS immobiliers, déi mam Budgetsgesetz vum leschte Joer ofgeschafft goufen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Et ass en Zesummespill vu ganz ville Mesuren, déi mëttelfristeg d'Präisspiral am Logement stoppe kënnen. Jo, ech soe bewosst mëttelfristeg. Mir all heibanne mussen agesinn, dass de Logementsproblem net iwwer Nuecht ze léisen ass.

De Premier huet gëschter weider wichteg Schrëtt annoncéiert, fir nach méi resolutt géint d'Logementskris virzegoen. Et ass de Beweis, dass dës Regierung bereet ass a mat där néideger Determinatioun un de Problem erugeet, och wa verschidde Mesuren deem engen oder aneren net wäerte gefallen. De Logement dierf net weider en Ausgrenzungsfacteur zu Lëtzebuerg sinn. Mir kënnen et net weider hinhuelen, dass ëmmer méi Leit zu Lëtzebuerg sech keng Wunneng méi kënnen leeschten an anerer bewosst Terrainen net bebauen an Immobilien eidel stoe loossen. D'DP stoung nach ëmmer ... a wäert och an Zukunft ëmmer fir d'Recht op Eegentum sinn an dat och verdeedegen. Wien awer an Zäite vun enger ganz ugespaanter Wunnengsmaarsituatioun bewosst - bewosst! - mat Wunnraum spekuléiert, wäert méi staark zur Verantwortung gezu ginn a sech un den Efforte vum Staat beedelege mussen.

D'DP begréisst dofir ausdrécklech d'Ukënnegung vu gëschter zur Grondsteierreform an dem Schafe vun engem nationale Wunnengsregëster. Éischters wäerte mer doduerch méi Bauland mobiliséiert kréien. An zweetens, d'Proprietäre vun net bebauten Terrainen an onbewunnte Wunnengen, déi wäerte mer derzou bréngen, hire Bäitrag zur Léisung vum Logementsproblem ze leeschten.

Mat der zukünftiger Reform iwwert, ...

(*Interruption*)

Ech hunn lech net héieren. Mee ech sinn iwwerzeegt, Dir kommt nach eng Kéier drop zrëck.

Mat der zukünftiger Reform vum Gesetz iwwert de Bail à loyer gëtt fir Transparenz gesuergt. D'Loyere ginn effektiv plafonéiert, fir Abusen ze ënnerbanen. D'Locatairë ginn esou besser viru steigende Loyere geschützt.

Och an der Colocatioun - engem Sujet, fir deen d'DP sech schonn an de leschte Jore staark gemaach huet, fir zemoos deene Jonke bei der Wunnengs-sich ënnert d'Äerm ze gräifen - wäert nogebessert ginn an och e gesetzleche Kader geschafft ginn, e legale Kader, fir Wunnengsgemeinschaften ze stäerken, fir dass d'Locataire an d'WG-Proprietäre kloer Virgaben iwwer hir Rechter an awer och hir Flichten hunn an esou och eng gréisser Offer u Wunnengsgemeinschaften fir Jonker ka geschafft ginn.

An drëttens: D'Annonce vun enger Reform vun de Logementshëllef ass fir déi betrafte Leit gradesou vu Wichtegkeet. Hei wäerten, ënner anerem, d'Eligibilitäitsplaffongen no uewen ugepasst ginn, fir der Präishausse vun de leschte Jore Rechnung ze droen.

Aus Erfahrung wësse mer awer och, dass d'Leit net ëmmer genoe wëssen, wéi eng Hëllef dass se wirklech kënnen an Usproch huelen. Do kann een emol schonn den Duerchblëck verléieren. An ech sinn der Meenung, dass mer hei wirklech mussen eng geziilt Informatiounscampagne an dësem Zesammenhang starten.

Här President, Krise riskéieren dacks, och de sozialen Zesammenhalt an engem Land op d'Spill ze setzen. Dat ass hei zu Lëtzebuerg net geschitt. De Premier Xavier Bettel huet vun Ufank u gesot, et géif keen am Ree stoe gelooss ginn. An et ass net bei eidele Versprieche bliwwen. Nee, d'Regierung huet geliwwert! Ech denken an éischer Linn un de Chômage partiel, deen Dausenden Aarbechtsplazen hei am Land gerett huet. De Finanzminister huet haut de Moien de Montant genannt. Bis zum Summer goufen iwwert déi ganz Period vun der Kris bal 1,2 Milliarde brutto debourséiert. Netto sinn dat ronn 800 Milliounen.

An der Majoritéit war ee sech der Situatioun vun deene méi kleng Schëllere bewosst. Aus deem Grond kruten d'Mindestlounbezéier och 100 % vun hirem Salaire kompenséiert. Während der Kris huet also kee mussen ënnert dem Mindestloun verdéngen.

Ech denken awer och un d'Erhéijung vun 2,8 % vum Mindestloun op den 1. Januar vun dësem Joer. An natierlech hu mer begréisst, dass grad d'Betriber, déi am längsten ënnert dëser Kris gelidden hunn, eng finanziell Hëllef vu 500 Euro pro Salaré kritt hunn, fir se an dës Krisenzäiten ze stäipen. Dobäi koum nach déi réckwierkend Verduebelung vun der Allocation de vie chère fir d'Joer 2020 an och déi dauerhaft Erhéijung ëm 10 %. Dat waren alles Mesuren, déi am Kontext vun der Coronakris ëmgesat goufen. Et huet een deene Schwächsten an eiser Gesellschaft domadder massiv ënnert d'Äerm gegräff.

Ma och scho virun der Kris war déi sozial Gerechtegkeet eent vun de Leitmotiver vun eiser Koalitioun. D'Steierreform vun 2017 mat Steiererlichterunge fir Kleng- a Mëttelverdénge, den neie REVIS, gratis Schoulbicher am Secondaire, de gratis ëf-

fentlechen Transport, 20 Stonne gratis Kannerbetreuung, d'Subvention loyer, d'Mindestlounerhéijung vun 100 Euro netto am Joer 2019, dat sinn, wéi gesot, alles Mesuren, déi dës Koalitioun an de leschte Joren ëmgesat huet. Déi sozial Gerechtegkeet stoung dobäi fir eis ëmmer am Vierdergrond. Do brauche mir eis wirklech net ze verstopen. Et gouf vill gemaach, fir deene sozial méi schwache Stéit ënnert d'Äerm ze gräifen. An dat ass och gutt esou!

Här President, ech hu virdru gesot, firwat mir am Moment, an ech betoune ganz kloer „am Moment“, keng Steierreform ëmsetze kënnen. Heescht dat, dass mir de Kampf géint déi sozial Ongläicheeten opginn a stoe bliwen? Op guer kee Fall! Fir eis ass d'Striewen no méi sozialer Gerechtegkeet nämlech e stännege Prozess. Dofir gëtt nogeluecht. An de Premier huet gëschter eng ganz Rei vu Mesuren annoncéiert, déi zäitno kënnen ëmgesat ginn an eng wichteg Hëllef si fir Famillje mat Kanner a ganz besonnesch fir elengerzéiend Elteren.

Wat sinn dës Mesuren? Esou, wéi et am Koalitionsaccord virgesi war, gëtt d'Kannergeld ab dem 1. Januar 2021 (veuillez lire: 2022) erëm indexéiert. Dat sollt fir d'Enn vun der Legislaturperiod gemaach ginn. Mir zéien dat elo vir, an dat ass och gutt esou. A mir begrëissen als DP-Fraktioun och, dass déi lescht Indextranche, déi jo den 1. Oktober gefall ass, hei an d'Berechnung mat afléisst. Dat heescht, déi dräi Méint Oktober, November an Dezember wäerten och den 1. Januar bei d'Kannergeld da matagerecht ginn.

No der réckwierkender Verduebelung vun der Allocation de vie chère an och der Erhéijung ëm 10 % gëtt dëst Joer d'Deierechtszoulag op den 1. Januar ëm 200 Euro gehéicht. D'Allocation de vie chère kënn deenen zegutt, déi se wirklech am meeschte brauchen.

Eng weider Annonce betrëfft eis Schüler. An Zukunft huet all Kand d'Méiglechkeet, egal wéi grouss de Portmonni vun den Elteren ass, an der Mëttespaus eng waarm a gesond Moolzecht zou sech ze huelen. Dat ass keng Fro vu finanzieller Mëttel vun den Elteren, mee dat ass ganz kloer eng Fro vu sozialer Gerechtegkeet. Bei engem Kand am Lycée, dat all Dag an der Schoul ësst, kann do iwwert d'Joer e Montant vun 846 Euro zesummekommen. An ech muss lech soen: Ech si frou iwwert déi Mesure! Well ech gesinn och bei eis an der Gemeng, dass et Kanner gëtt, déi an d'Kantin ginn, si kréien eng waarm Moolzecht, si kréien eng gesond Moolzecht mat regionalen, saisonale Produite vun eise Baueren a Geméisbaueren. An anerer kommen aus dem Supermarché erausgetrëppelt an déi hu sech eng Chips an eng Red Bull kaaft. Dat ass wirklech net dat, wat mer eis virstellen ënner gesonder Ernährung! An ech si frou, dass de Portmonni vun den Elteren elo keen Hindernis méi wäert sinn, dass d'Kanner eng gesond Moolzecht mëttes solle kréien.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Här President, d'Reindexierung vum Kannergeld, d'Erhéijung vun der Allocation de vie chère ëm 200 Euro, d'gratis Mëttespaus fir d'Kanner vu Famillje mat klengem a mëttlerem Akommes, dës Pak aus Geld a Saachleeschungen wäert séier kënnen ëmgesat ginn a genau do ukommen, wou en och gebraucht gëtt. Do dernieft wäert d'Maison relais ab 2022 an de Schoulwoche gratis ginn an och d'Hausaufgabenhëllef wäert flächendeckend gratis ugebuede ginn. Dës Koalitioun aus DP, LSAP an aus deene Grénge spënn hire sozial-liberale Fuedem also konsequent weider, an dat ass och gutt esou.

Weiderfuere maache mir och mat ambitiësen Investitiounen am Senioreberäich. Et gëtt konsequent an de Bau respektiv d'Renovatioun vun neien Alters- a Fleegeheimer investéiert. Ech zielen der just e puer op: Den Thilleberg fir 2022, de Lauterbann 2023, de Roude Fiels, déi ginn duerch fuschnei Gebaier ersat. Aner Maison-de-soine ginn an den nächste Jore renovéiert a moderniséiert, fir dass si deenen héchste Qualitätsstandarden entsprechen. Am Ganzen huet de Familljeministère Projeten an Héicht vun iwwer 600 Milliounen Euro geplangt.

D'Zil ass kloer: Mir wëllen eisen eelere Matmënschen déi héchste Liewensqualitéit an den Haiser offeréieren. Dat geet vun der Infrastruktur bis hin zur Qualitéit vun de Leeschtungen.

Mat der Reform vum Accueil gérontologique wäerte mir et all eelerer Persoun erméiglechen, op dës Qualitéitsoffer zrëckzegräifen. D'Familljeministesch Corinne Cahen huet d'Upassung vum ASFT-Gesetz op den Instanzewege geschéckt. Nieft der Qualitéit wäerte mir hei och eng méi grouss Präistransparenz kréien. All Haus wäert zum Beispill mussen e Qualitätsmanagementsystem en place setze mat klaren Indicateuren.

D'Regierung huet am September nach emol Amendementer zu dësem Projet geholl, och fir de Léiere Rechnung ze droen, déi aus der Pandemie am Senioreberäich ze zéie sinn. Do spillt natierlech d'Hy-





giëne eng Roll, mee awer och d'Ofweien tëschent Fräiheet a Sécherheet. A ganz besonnesch, wéi mer domadder ëmginn!

Mir wollte bei der zweeter Well déi eeler Leit net méi aspären. Dat hätt zu enger Vereinsamung vun de Leit gefouert. Hiert mentaalt Wuelbefannen hätt dorënner massiv gelidden. En Altersheim därfer ni e Prisong sinn! Et ass de Bewunner hiert Doheem, eng Plaz, wou se sech solle wuelspiere a wou se sech fräi beweegen sollen.

D'Pandemie huet eis awer virun Ae gefouert, wéi sensibil dës Froe ronderëm Fräiheet a Sécherheet sinn. Et ass dofir och gutt, dass mer Léieren zéien an d'Texter upassen. Iwwert d'Amendementer kritt den Eethikrot, dee souwisou scho virgesi war, e ganz prezise Kader a ganz prezis Missiounen. Hie soll an Zukunft kënnen vum Personal a vun de Residente selwer oder hire Famille saiséiert gi mat eethesche Froen a Froen, wou et ëm déi fundamental Mënscherechter geet. D'Roll vum Eethikrot als Ulafstell gëtt also gestärkt.

D'Thema vun der Gesondheet wäert eis natierlech och no der Kris nach beschäftegen. Fir eis ass et eng absolut Prioritéit. Lëtzebuerg brauch en nach méi effikassen a gerechte Gesondheetssystem, virun allem och, fir déi ländlech Regiounen am Land ofzedecken. Mir müssen eis Léieren aus der Kris zéien a kucken, wou mir nach net esou gutt opgestallt sinn. Dat geet vum Material bis hin zum Personal.

Duerch eis medezinnesch Demografie wäerte mir an den nächste Joren d'Erausforderungen un eist Gesondheitswiese müssen unhuelen. An et gëllt, fir elo d'Weichen ze stellen. D'Demokratesch Partei begréisst, dass déi vum Gesondheitssektor laang erhoffte Reform vun der Formatioun vun de Gesondheits- a Fleegeberuffer endlech op de Leescht geholl gëtt. De Parcours gëtt méi progressiv a kohärent gestalt a wäert net nëmme vill Qualifikationsniveau offéieren, mee duerch Passerellen och méi flexibel ginn.

Op der Uni Lëtzebuerg an an enker Zesummenaarbecht mam LTPS ginn ab 2023 aacht nei Bacheloren ugebueden, vum Infirmier an der allgemenger Fleg iwwert den techneschen Assistent iwwert d'Radiologie bis hin zur Hiewan. 2028 gëtt dann analyséiert, ob nach weider Profiller, zum Beispill e Master fir Infirmieren, ugebuede kënnen ginn.

Den Educationminister Claude Meisch huet absolutt Recht, wann hie seet, dass d'Reform vun der Ausbildung vun de Gesondheitsberuffer e wichtige qualitativen Invest fir de gesamte Gesondheitssektor ass. D'Pandemie huet eis an de leschten Méint schliisslech méi wéi däitlech virun Ae gefouert, wéi essenziell d'Leit fir eis Gesellschaft sinn, déi sech fir e Gesondheits- oder e Fleegebruff decidéieren. An ech wëll hinne vun dëser Plaz nach eng kéier alleguerten e ganz grouse Merci soe fir deen immensen Asaz, dee se während der Pandemie gewisen hunn.

Et sinn awer och Beruffer, déi charakterlech net nëmmen en héicht Mooss un Hëllefsbereitschaft virussetzen, mee och kierperlech a mental vill Ausdauer verlaangen. Dës Beruffer kënnen onheemlech erfëllend sinn, awer och belasschend. An de leschte Joren hu sech leider ëmmer manner Jonker hei am Land derfir decidéiert, eng Formatioun als Infirmier, Aide-soignant oder als Hiewan ofzeschlëssen. Et ass elo de Moment, fir dem Personalmangel, dee sech an Zukunft am Gesondheitssektor ofspigelt, entgéintzewierken. D'Reform vun der Formatioun ass e Schlësselelement, dat zur Revalorisation vun dëse Beruffer bäidroen wäert, fir dass sech nees méi Jonker fir dës wonnerbar Beruffer begeeschten.

Am Kader vu menger Interpellatioun d'lescht Joer ass däitlech ginn, dass Lëtzebuerg nach weider Efforte muss maachen am Beräich vun der mentaler Gesondheet. Dat geet och aus engem rezenten Unicef-Rapport ervir. Aus Schätzunge geet ervir, dass weltwäit all siwent Kand tëschent 10 an 19 Joer mat diagnostizéierte psychesche Beanträchtiungen oder Stéierunge wéi Angschtzoustänn, Depressiounen oder Verhalensopfällegeete leeft. Ech hoffe wierklech, dass d'Negociatiounen tëschent der CNS an de Psychotherapeuten iwwert de Remboursement endlech, endlech op en Enn kommen! D'Seancë gi méi gebraucht wéi jee. Dobäi ass d'Penurie u spezialiséiertem Personal an der Medezinn an der Psychiatrie, an der Pedopsychiatrie an an der Neuropsychiatrie alarmant! Mir müssen hei weider Efforte maachen.

Zur Bildung: Virun engem knappe Mount huet d'Schoul nees ugefaangen. Et war eng Rentrée, déi am Zeeche stoung vun der gréisstméiglecher Normalitéit, ouni Masken. An d'Freed doriwwer, déi konnt een de Kanner am Gesiicht ofliesen. Och d'Kanner hunn an dëser Pandemie op villes musse verzichten, fir déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft ze schützen. An hire Bäitrag kënn am ëffentlechen Debat vläicht heiansdo ze kuerz.

D'Regierung huet alles gemaach, fir trotz den Ëmstänn de Kanner hiert Recht op Bildung oprechtze-

erhalen. Maximal Chancë fir d'Bildung, minimal Chancë fir de Virus, dat war vun Ufank un d'Devis.

Nieft dem Homeschooling ass et awer virun allem dem Engagement vun alle Schoulacteuren ze verdanken, dass aus der Coronakris zu Lëtzebuerg keng Bildungskris ginn ass. D'Schüler, d'Enseignanten, dat sozioedukatiivt Personal an d'Elteren, jiddwereen huet matugepak, fir aus dëser schwieriger Situatioun dat Beschtméiglecht ze maachen. Jiddereen war sech senger Verantwortung géintiwwer deene Jonke bewosst.

Haut kann ee soen, dass dee kollektiven Effort sech gelount huet. Dat huet sech an de leschte Resultater vun den Épreuves standardisées gewisen. Anescht wéi een et hätt kënnen denken, ass wéinst der aussergewöhnlecher Situatioun keen negativen Trend bei de Resultater ze erkenne gewiescht. Eise Schoulsystem war also resilient.

Et wär awer naiv ze mengen, dass all Kand gläicher-moosse gutt duerch déi Kris komm wär. Dat ass nämlech nach laang net de Fall. Mir musse verhënnern, dass d'Schüler, déi duerch d'Covidpandemie Léierretarden accumuléiert hunn, déi weider duerch hir Schoulkarriär matschleefen. Och dat ass eng Fro vu Chancen- a Bildungsgerechtegkeet.

Schonn d'lescht Joer gouf op Initiativ vum Minister d'Summerschool an d'Liewe geruff. Dat war d'lescht Joer schonn e grouse Succès. An dëst Joer hunn net manner wéi 7.000 Schüler vun dëser Offer Gebrauch gemaach, fir Inhalter ze widderhuelen a fir esou gutt op d'Schoulreentrée preparéiert ze sinn.

Als DP begrësse mer dat, an dass dat och soll an den nächste Jore weidergefuert ginn, grad awer och wéi d'Ukënnegung vun engem landeswäite Konzept fir gratis Hausaufgabenhëllef.

Nach laang net all Kand huet d'Chance, fir doheem e Papp oder eng Mamm ze hunn, déi niewent em setzen, oder vläicht e Bopi an eng Bomi ze hunn, déi niewent em setzen, wann et aus der Schoul kënn, fir d'Hausaufgaben ze maachen, fir d'Rechnungen nozekucken, fir d'Verbesserungen ze maachen oder fir d'Vokabelen opzefroen. Ech sinn der-vunner iwwerzeugt, dass déi national ugeluechten Hausaufgabenhëllef nach eng kéier zu méi Chancë-gläichheet an eise Bildungswiese wäert féieren.

Mir brauchen eng Schoul, déi d'sozial Ongläichheeten am jéngsten Alter opfängt, amplat se ze verëien. An aus deem Grund ass och déi méisprocheg Fréifërderung an d'Liewe geruff ginn. Déi gratis Betreiuung vun 20 Stonnen d'Woch ass eng substanzuell Entlaaschtung, vun där vill Elteren hei am Land profitéieren. Et ass och eng Qualitéitsoffer. Ab nächste Rentrée wäerten, wéi ugekënnegt, d'Maison-relais während de Schoulwoche fir d'Kanner gratis sinn. D'Qualitéitsoffer gëtt also an deem Secteur weider ausgebaut. Besonnesch fir elengereziend Elteren, awer och Elteren, déi zu zwee schaffe ginn, ass d'Gratuitéit vun der Maison relais vu grousem Notzen an et wäert si finanziell nohaltig weesentlech entlaaschten.

Och d'Musekschoule sinn e wichtige Pilier vun eiser Bildungslandschaft. Iwwert déi lescht Jore goufe verschide Mesuren ausgeschafft, fir d'Qualitéit an d'Accessibilitéit vum Musekunterricht ze verbessern, de Stellwäert vun der Musek ze stäerken an d'Zesummenaarbecht tëschent de Musekschoulen an de Bildungs- a Kannerbetreuungsstrukturen ze vereinfachen. All Kand an all Jugendleche soll an Zukunft d'Méiglechkeet kréien, fir an eng Musekschoul kënnen ze goen. Dat hu mer an eise Walprogramm gefuerdert. Mir setzen et elo ëm. Och dat soll näischt ze dinn hu mam Portmonni vun den Elteren, an och dat ass eng Mesure, déi zu méi sozialer Gerechtegkeet bäidréit.

D'Schoul steet am Dëngscht vun de Leit a vun der Gesellschaft a si muss sech ëmmer nees upassen. Do sinn ech mat der Madamm Hansen averstanen. Mir setzen dofir op eng Schouloffer, déi der Villfalt vun de Schüler an de Besoinen aus dem 21. Joerhonnert entsprécht. Stéchwuert: Diversifikatioun vun der Schouloffer. Och dës Rentrée koumen nees nei innovativ Sektouren a Schoulfächer derbäi. Fir d'Rentrée 2022/2023 wäert eng weider ëffentlech Europaschoul an der Stad opgoen. Mir fieren also op deem Wee weider. D'Diversifikatioun vun der ëffentlecher Schoul stäerkt déi ëffentlech Schoul.

Här President, d'Schoul kann d'Talenter vun deene Jonken awer just féerden, wa se och wierklech an d'Schoul ginn. Am leschte Schouljoer hu ronn 700 Schüler ënner 18 Joer hir Ausbildung ofgebrach. Och wann d'Zuele licht réckleefeg sinn, ass dat dach awer extrem beonrouegend. Et kann ee sech elo froen, wat d'Eropsetze vun der Schoulpflicht bis 18 Joer bréngt, wann d'Schüler der Schoul wëllen de Réck dréien oder fir sech keng Plaz méi an der Schoul gesinn. Et geet och net drëms, fir si an de kllasseschen Unterrecht ze drécken, hannert d'Bänk ze setzen a se einfach am Unterrecht ze halen, bis se 18 Joer hunn, besonnesch, wann déi Jonk do fir sech keng Plaz méi gesinn.

D'Eropsetze vum schoulpflichtegen Alter eleng geet net duer. Mir musse gläichzäiteg alternativ Léier-

plazen a Formatiounen ubidden, wou déi Jonk op hir Besoinen zougeschnidden Offere fannen. Mir musse Plaze schafen, wou déi Jonk weider kënnen wuessen. Esou Plaze gëtt et schonn am Land. Ech denken do un d'Centres d'orientation socio-professionnelle. Et geet elo drëms, fir eng méi flächendeckend Offer vun esou Strukturen unzbidden, fir deene Jonken nach iwwer zwee Joer eppes mat op de Wee ze ginn, wat hinne wierklech an der Aarbechtswelt herno weiderhëlleft. D'Zil wär et schonn, dass se no deenen zwee Joer kéinten e CCP maachen.

Dat ass ëmsou méi wichteg, well mer wëssen, a mir hunn alleguerten d'Zuelen dës Woch héieren, dass ëmmer méi qualifizéiert Aarbechtsplaze gesicht ginn.

Eis Aarbechtswelt ass och am Wandel. D'Coronakris huet déi ganz Transformatioun nach eng kéier massiv acceleréiert. D'Gewunnechten, d'Besoinen an d'Erwaardungen hu sech geännert, an och de lafende Prozess vun der Digitalisation krut nach eng kéier en anstännege Boost. Videokonferenzen, Homeoffice, QR-Coden, d'Menüskaarten um Handy liesen, alles dat ass mëttlerweil selbstverständlech ginn. Eis Gesellschaft huet duerch oder wéinst der Kris e riseg Sprong am Gebrauch vun den neien Technologie gemaach. A ville Beräicher war dat Digitaal déi eenzeg Méiglechkeet, fir den Infektionsrisiko ze miniméieren, déi eenzeg Méiglechkeet, fir mateneen a Kontakt ze bleiwen, déi eenzeg Méiglechkeet, fir de Betrib um Lafen ze halen. Den Notze vun den digitalen Hëllefsmëttelen ass op eemol spierbar ginn. D'Potenzial vun der Digitalisation ass fir d'Wirtschaft enorm, besonnesch fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg. D'Digitalisation dréit derzou bäi, eise Standuert weider ze stäerken, ze diversifizéieren an Nischen opzebauen. Do si mer um gudden Wee.

Mir dierfen awer och net déi Leit vergiessen, déi sech manner gutt an der digitaler Welt erëmfannen. Leit, déi hir digital Repère nach sichen. Dat mussen net onbedéngt eeler Matmënsche sinn. Ech hunn e ganz gudden Kolleg a mengem Alter, dee scho virun 20 Joer gesot huet, e géif mat der Informatik net eens ginn an et géif en och net interesséieren. Deen huet sech och zanterhier kaum nach hannert e Computer gesat. An där Beispiller gëtt et bestëmmt nach. Déi Leit riskéieren natierlech, um Aarbechtsmarché iergendwann komplett d'Schlappen ze verléieren.

Ëmsou méi wichteg ass et, dass d'Regierung sech där Saach mat engem neien Aktionsplang ugehollet. De Minister Marc Hansen huet dëse Plang rezent virgestallt an deem dréit ronderëm dräi Achsen. Esou soll déi digital Inklusioun vun alle Bierger a Biergerinne gefërdert ginn. Dëse Plang gesäit Initiative vir, fir den Accès zum Digitalen ze erlichteren, Vertrauen an déi nei Technologien ze schafen an digital Kompetenzen ze stäerken. D'Zil muss et sinn, dass jiddwereen en Notzen aus der Digitalisation kann zéien an dass kee sech ofgehaange spiert.

Här President, während d'Welt dobaussen an och d'Aarbechtswelt ëmmer méi séier ze dréie schéngt, gëtt et awer vill Leit, déi sech privat eng Entschleunigung wënschen. De Wonsch no enger gudder Work-Life-Balance gëtt ëmmer méi grouss, an d'Regierung ass déi lescht Joren dësem Wonsch nokomm. D'Reform vum Congé parental zum Beispill ass e grouse Succès, a mir sinn de Moment op deem Punkt, wou gradesou vill Papp wéi Mammen de Congé de parental huelen. Dat erméiglecht also net nëmmen, méi Zäit mat sengen eegene Kanner ze verbréngen, mee et huet och derzou gefouert, dass mer déi kllassesch Rolleverdeelung hannert eis gelooss hunn. An Zukunft wäerten och Elteren zousätzlech belount ginn, déi zu zwee de Congé parental huelen. Et soll e weideren Ureiz sinn, fir dass béid Elterendeeler méi Zäit mat hire Kanner verbréngen.

Bei der Work-Life-Balance denke mir natierlech och un den Teletravail. Vill Betriber a Leit hunn aus der Nout eraus d'Potenzial vum Teletravail entdeckt. D'Virdeeler leien op der Hand: D'Leit spueren virun allem Zäit, Liewenszäit, déi se net am Auto oder am Bus setzen, mee déi se kënnen fir sënnavoll Saache benotzen: fir hir Famill, fir hir Hobbyen, fir hir Frënn. Fir dass den Teletravail awer och fir jiddwereen no der Kris weiderhin attraktiv bleift, wëlle mir als DP dëst Instrument zousätzlech féerden. Dat ass och esou am Klimaplang festgehal ginn. Déi steierlech Ofkomme mat Frankräich, Belsch a mat Däitschland sinn alleguerte bis un d'Enn vum Joer verlängert ginn. Déi däitsch Frontalieren hunn am Moment 19 Deeg Teletravail zegutt, déi franséisch 29 an déi belsch 24, mee ab 2022 kënnen eis belsch Nopere souguer 34 Deeg vun doheem aus schaffen.

#### (Interruption)

De Choix, op den Teletravail zrëckzegräifen, soll awer jiddwerengem selwer iwwerlooss sinn. Et ass wichteg, dat ze ënnersträichen. Et gëtt kee gezwongen, vun doheem aus ze schaffen. Et gëtt Mënschen, déi brauchen nämlech all Dag de soziale

Kontakt, an déi wëllen deen och net mëssen. Déi Leit sollen och weider kënnen all Dag op de Büro fieren, op de Büro oder op dezentral Bürosflächen. Dat ass d'Iddi vun de sougenannte „Coworking-spaces“, déi mir als DP och weiderhi wëllen ausbauen. Esou Coworkingspaces, also Büroen, déi vu méi Betriber kënnen benotzt ginn, beliwen a stäerken net nëmmen de ländleche Raum an d'Regioun, mee si droen och virun allem zu enger besserer Liewensqualitéit vun de Leit bäi. Zudeem bleift de soziale Kontakt mat de Kolleegen um Büro bestoen.

D'DP ënnerstëtzt d'Bestriewunge vun der Regierung jiddefalls doranner, fir de Leit am Kader vun neien Aarbechtszäitmodeller méi Flexibilitéit a méi Zäit ze ginn. Dozou gehéiert och d'Annonce vum Recht op Deelzäit. Dat wäert de Leit erlaben, eng Zäitchen op der Aarbecht méi kuerz ze trieden, ouni musse Pensiousrechter anzebéissen. De Staat wäert fir si en Deel vun de Cotisationsen iwwerhuelen. Et ass also eng Win-win-Situatioun. D'Leit kënnen sech stonneweis anescht verwicklechen, ouni müssen ze fäerten, dass dat op d'Käschte vun hire Pensiousrechter geet.

De Wonsch no Flexibilitéit an no Auszäite passt net méi bei de rigiden Nine-to-five-Aarbechtsmodell, also vu mueres néng bis mëttes fënnf. D'DP wëllt dofir scho laang méi Flexibilitéit bei der Aarbechtszäitgestaltung. Eis rigid Modeller entsprechen net méi wierklech de Virstellungen an de Besoinen vun de Leit dobaussen. Mir wëllen, dass d'Aarbechtszäiten individuell tëschent dem Salaré an dem Employeur kënnen ausgehandelt ginn. Dat stäerkt gläichzäiteg de Sozialdialog an de Betriber. D'Regelung vun der maximaler Aarbechtszäit den Dag an d'Woch soll dobäi natierlech bestoe bleiwen, grad ewéi och d'Zouschléi fir d'Sonndeger a fir d'Feierdeeg.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen op d'Wirtschaft an op d'Finanzplaz ze schwätzen. Do wäert mäi Fraktiounskolleg, den André Bauler, muer de Moien natierlech nach emol noleeën.

D'Weltwirtschaft gouf onerwaart vun der Coronapandemie getraff. Während Woche louche quasi ganz Secteure brooch. Fabriken hu müssen ophalen ze produzéieren, well d'Leit hu müssen doheem bleiwen oder well se einfach keng Matière-première méi haten. D'Konsequenzen dovunner sinn nach bis haut spierbar! Kee wouss, wéi laang déi Situatioun géif daueren a wéi grouss den Impakt op d'Ekonomie wär. Vill Secteuren hunn dofir hir Produktioun erofgeschrafft, well se net wollten hir Hale voller Produite stoen hunn, déi kee brauch.

Mee d'Ekonomie huet erëm méi séier ugezunn, wéi dat ze erwaarde war. Leider hunn awer wichteg Materialie gefeelt, fir d'Relance ze begleeten. Holz, Glas, Faarwen, Baumaterialie wéi Stol, Isolatiounsmaterialien, Bëton, awer och elektronesch Komponenten a Kabele si rar ginn. D'Konsequenz war, dass d'Präisser wéinst der Penurie op dësen Artikel weltwäit massiv an d'Luucht geschoss sinn.

Dee Phenomeen hu mer leider och hei zu Lëtzebuerg ze spiere kritt. An et wäert nach e puer Méint daueren, bis sech déi Situatioun erëm normaliséiert huet.

Et ass virdrun ugeklungen - ganz richtig, et ass kee Geheimnis -, dass d'Lëtzebuerger Ekonomie large-moment vun eiser Finanzplaz gedroe gëtt. Iwwer 55.000 Leit schaffen all Dag an deem Secteur. An dofir kann ee soen: Wann et der Finanzplaz gutt geet, da geet et och dem Lëtzebuerger Land gutt.

An dofir kann een och zu Recht soen, dass dëse Secteur e ganz grouse Meritt drun huet, dass Lëtzebuerg während der Pandemie mat engem bloen A dervukomm ass. Jo, d'Recetté sinn 2020 staark erofgaangen, mee hätte mer d'Finanzplaz net gehat, déi, trotz Lockdown an Teletravail, awer nach produktiv war, da wär d'Situatioun an eise Staatsbudget eng ganz aner a vill méi dramatesch gewiescht.

■ **Une voix.** - Dat ass wouer.

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Och wa mer frou sinn, dass d'Finanzplaz eis e bëssen duerch d'Kris gerett huet, esouguer méi wéi nëmmen e bëssen, mee ganz vill duerch d'Kris gerett huet, esou soll dat awer net heeschen, dass mir eis Efforten, fir eis Ekonomie weider ze diversifizéieren, solle fale loossen. Bien au contraire! D'DP ass der Meinung, dass mer weiderhin och eng Industrie zu Lëtzebuerg brauchen, déi héich qualitativ Produiten a Servicer ubitt, ob dat fir d'Autosindustrie ass zum Beispill, fir d'Biomedezinn oder och an der Fuerschung. D'Industrie an eis Wirtschaft am méi breede Sënn wäerten an Zukunft méi effizient mat Ressourcen ëmgoe müssen.

Wichteg Hiewelen an dësem Zesammenhang sinn d'Innovatioun an d'Digitalisation, mee awer och d'Förderung vun der Kreeslafwirtschaft. Vill Potenzial gëtt et hei beispillsweis am Bausecteur. Mir sinn haut an enger Situatioun, wou Camionen duerch d'Land fieren, fir müssen hire Bauschutt ze entsueren. Domat ass weeder dem Klima nach dem Logement gehollef. An Zukunft musse mer ku-





cken, dass mer hei op der Plaz, lokal a regional, Baumaterialie kënne recycléieren, Baumaterialien nach eng Kéier kënne verwäerten an déi Baumaterialien nees fir d'Konstruktioun genotzt ginn.

■ **M. André Bauler (DP).** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - D'Attraktivitéit vun eiem Standuert muss och an Zukunft gesécher sinn. Jo, mir brauche weider nei Entreprises, déi sech hei usidelen. Si schafen Aarbechtsplazen an droen esou nohaltig zum Räichtum vun eiem Land bäi. Si mussen an Zukunft an d'Konzept vun engem nohaltege Wuesstum passen an och an de Kader vun eiser Diversifikatiounsstrategie.

Entreprises, déi interesséiert sinn, fir sech zu Lëtzebuerg niddierzeloossen, déi mussen d'Konditiounen vun der Stee vun Ufank u kennen. Si dierfe keng falsch Hoffnungen gemaach kréien an och net en cours de route Steng an de Wee geluecht kréien. Wann ee bis d'Pabeieren an d'Autorisatiounen beileenen huet, wann een de Go vun de Verwaltungen huet, da muss de Bagger kënne rullen an da muss de Projet och kënnen ëmgesat ginn.

Planungssécherheet ass fir Lëtzebuerg e Standuertfacteur, deen een net ënnerschätzen dierf!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Zum Mëttelstand: Fir eis sëlleg Kleng- a Mëttelbetriber war d'Covidkris eng grouss Erausforderung, en Iwwerliewenstest. Besonnesch d'Secteur vun der Horeca, dem Evenementiel, der Kultur, dem Tourismus hate vun haut op muer kee Client méi. Dofir war et wichteg, dass de Staat hinne mat Hëlfelefen zur Säit stoung. D'Regierung huet Bähëllef fir d'Betriber opgestallt.

Verschidde vun den Hëlfelefen hu sech u Betriber queesch aus alle Secteuren, déi vun der Pandemie impaktéiert goufen, gerichtet, anerer si spezifesch fir déi Betriber a Secteuren ausgerichtet ginn, déi am stärkste betraff waren. Et war keng einfach Zäit, an et huet misse séier gehandelt ginn.

An dofir wëll ech hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir mengem Frënd, dem Mëttelstandsminister Lex Delles a senger ganzer Ekip, e ganz, ganz spezielle Merci auszusprechen. Hien a seng Servicer hu misse vun haut op muer en Hëllefspak op d'Bee stellen an duerno och kucken, dass d'Suen esou séier wéi méiglech op de Konte vun de betraffene Betriber gelangt sinn. De Lex Delles ass haut nach stänneg ënnerwee, am stännege Kontakt mat de Betriber aus deene verschiddene Secteuren, e lauschtert hinnen no. An dofir goufen d'Hëlfelefen och regelméisseg an déi nei Situatiounen vun deene verschiddene Betriber ugepasst. Dat war och de Lëtzeburger Wee!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Une voix.** - Ganz gutt!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Flexibel Bähëlfelefen, déi besonnesch deene sollten zeguttkommen, déi et am néidegste gebraucht hunn. Mir hunn och d'Independanten net am Ree stoe gelooss. Wann een déi éischt, zweet an drëtt Direkthëllef fir d'Independanten zesummenzielt, esou goufen am Ganzen 11.475 Dossiere validéiert an iwwer 34 Milliounen Euro doropshin ausbezuelt.

D'Coronakris huet eis och eppes aneres virun Ae gefouert: D'Independanten hunn a Krisensituatiounen net déi selwecht Rechter wéi Salaréien, obwuel si cotiséieren an dat gläich zweemol. Si hunn zum Beispill kee Recht op de Chômage partiel, wann, wéi d'lescht Joer, d'Regierung e Lockdown verhängt a jiddweree muss doheembleiwen. D'DP ass der Meenung, dass dës Ongerechtegkeet och muss aus der Welt geschafft ginn. A mir mengen, dass et absolut néideg ass, de Statut vun Independant op de Leescht ze huelen.

Am Kader vun der Interpellatioun vu menger Fraktiounskolleege, dem Carole Hartmann, iwwert de Statut vun Independant wäerte mer d'Geleeënheet hunn, fir dese Sujet ze verdéiwen.

Här President, selbstänneg sinn och eis Baueren, eis Wénzer, eis Geméisbaueren, eis Uebstbaueren. A si hu während der Pandemie richtduerch weidergeschafft, well si liwweren eis dat Wichtigst, wat de Mënsch brauch, fir ze iwwerliewen, nämlech gesond an nohaltig Liewensmëttel. A mir musse kucken, dass och si zu hirem kommen.

Och wann d'Lëtzeburger Land während dem Lockdown eis regional Produiten erëm e bësse méi schätze geléiert huet, ass d'Situatioun an der Landwirtschaft nach laang net roseg. De Präis, deen de Bauer fir seng Produite kritt, ass a ville Secteuren ze niddreg, fir kënne gutt dovunner ze liewen. Am Schwéngssektor ass et besonnesch dramatesch.

D'Bauere sinn also nach ëmmer ofhängeg vu Subsiden, déi si kréien, fir aartgerecht an nohaltig Liewensmëttel hei zu Lëtzebuerg hierzustellen. A mir wëllen, dass och weiderhi Liewensmëttel bei eis am Land produzéiert ginn.

Well et ass net flott, wann een ofhängeg ass vun den Importer! Wann e Containerschëff am Suezkanal hänkebleift oder wann een déi eidel Regaler an

England kuckt, da gesäit een, wat fir eng Situatiounen och kéinten hei zu Lëtzebuerg op een zoukommen. Dat nächst Agrargesetz bréngt manner Bürokratie a méi Ennerstëtzung fir d'Baueren an d'Wénzer mat sech. Eis Bauere brauche Planungssécherheet, mee si brauchen awer och de Respekt. Si brauchen de Respekt vun der Gesellschaft.

Oft gëtt, zu Onrecht, mam Fanger op si gewisen. Dat hu si net verdéngt! Eis Bauere behandelen hiert Véi an och hire Buedem mat vill Léift, well dat ass hir Liewensgrundlag. Lëtzebuerg huet fréizäiteg de Glyphosat verbueden, an eis Bauere sinn och bereet, weider Efforten ze maachen, fir beim Klimaschutz matzehëlfelefen.

Si sinn net en Deel vun dem Problem, mee si sinn en Deel vun der Léisung. Also kommt, loosst eis si och mam néidege Respekt behandelen, well mir si frou, dass mir all Dag frësch, lokal, regional Liewensmëttelen um Dësch hunn!

■ **Une voix.** - Richtig!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Wéi Der bestëmmt wësst, ass d'Lies grad amgaangen. An ech kann lech elo scho verroden, dass et e gudder Joergang gëtt. Well ech awer d'nächst Woch eng Interpellatioun ugefrot hunn iwwert de Wäibau, wäert ech dat Theema haut net uschwätzen. D'nächst Woch kënnen mer dann zesummen do och an den Detail goen.

Här President, nach e Wuert zur Verfassung.

■ **Une voix.** - A, maja!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - E modernt Land brauch eng zäitgeméis Verfassung. D'Land an d'Gesellschaft hu sech zënter 1868 weiderentwéckelt, an déi adaptéiert Punkte sollen där Evolutioun Rechnung droen. Iwwer ee Joerzéngt laang gouf an der Chamber un den Upassunge geschafft. Heibäi goufen och d'Virschléi vun der Zivilgesellschaft mat a Betruecht gezunn, an et huet een den Dialog mam Bierger gesicht. Et gouf mat der Uni Lëtzebuerg geschafft, et gouf Hearingen, de Leit hire Feedback an der Campagne „Är Virschléi“ gouf consideréiert, an alles dat ass mat an den Text agefloss.

D'Texter waren zu all Moment accessibel fir déi Leit, déi un der Verfassung interesséiert sinn! Dat gëllt fir déi éischt Depote wéi och fir d'Avisen, d'Amendementer an déi sëlleg Procès-verballen. Et gouf eng ëffentlech Versammlung. An et wäert och nach eng Table ronde organiséiert ginn.

Mir sinn op der leschter Ligne droite. An d'nächst Woch steet den éischte Vott zum éischte Kapitel um Ordre du jour.

Et ass hei net déi richtig Plaz, fir op alleguerten déi Upassungen anzegoen. Mir hunn déi nächst Wochen a Méint dacks a laang d'Geleeënheet, fir dat ze maachen. Ech hoffen, dass mir dat heibannen an engem sereinen Toun kënnen maachen, an engem Toun, deen eiser Verfassung wierdeg ass.

Ech fannen et awer e bëssen droleg, wann en Oppositionspolitiker gëschter viru lafender Kamera dem Premier quasi zum Virwurf gemaach huet, hien hätt a senger Ried näischt iwwert d'Verfassung gesot! Ma ech hätt gäre gesinn, wat geschitt wär, wann de Premier gëschter eppes zur Verfassung gesot hätt!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dann hätt ech dat net gesot ...

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Hei geet et net ëm d'Politik vun der Regierung. Déi huet sech vun Ufank un aus den Aarbechte vun der Verfassung erausgehalen.

Et ass den éischte Pouvoir, Här Kartheiser, dee bei dëser Verfassung gefuerdert ass. Mir si gefuerdert! Mir hunn eis Aarbecht gemaach. An et ass net d'Verfassung vun der Regierung.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Interruptions)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Mir kommen drop zrëck.

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Dat maache mer, ganz gären.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Mir freeën eis drop.

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Här President, Kolleegeinnen a Kolleegeen, mir hunn déi sanitär Kris nach net ganz hannert eis, mee mir sinn op de leschte Meteren. An elo ass et un eis fir ze gesinn, wéi mer zesummen duerch d'Zil lafen. Gëschter hu mer e Premier Xavier Bettel héieren, dee bereet ass, d'Säit ëmzedréien an en neit Kapitel opzeschloen. D'Koalitioun aus DP, LSAP an déi gréng beléisst et net bei der Gestiou vun der Coronakris, mee hält d'Erausforderunge vun eiser Zäit an Ugrëff. Mir wëllen d'Leieren aus dëser Kris zéien an d'Chancen notzen, déi sech eis bidden.

Mir maachen dat! Mir maachen dat, andeems mer an der Klimapolitik nei Weeër ginn an d'Leit aktiv mat op de Verhandlungsdësch huelen. De Klimabiergerrot wäert d'Mënschen um klimapoliteschen Debat deelhuele loosse an hinnen eng Stëmm ginn. Mir wëlle Klimapolitik mat de Leit maachen.

Mir maachen dat, andeems mer de sozialen Zesummenhalt stäerken. D'Erhéijung vun der Allocation de vie chère, d'Indexéierung vun Kannergeld, d'gratis lessen an de Schoulen ënnerstëtze grad déi Leit, déi et de Moment am meeschte brauchen. Dat soziaalt Opfangnetz gëtt nach méi enk gestréckt.

Mir maachen dat, andeems mer am Logement wichteg Mesuren huele géint d'Spekulatioun.

Mir maachen dat, andeems mer d'Maisons relais während de Schoulwoche gratis maachen.

Mir maachen dat, andeems mer d'Qualitéit an den Altersheimer erhéien an eng fair an transparent Präispolitik sécherstellen.

Mir maachen dat, andeems mer d'Investitiounen op Rekordniveau halen, fir och eise Kanner an Zukunft en héije Liewensstandard kënnen ze garantéieren.

Mir maachen dat, andeems mir den Teletravail, d'Deelzäitaarbecht, d'Coworkingspaces, d'Work-Life-Balance vun de Leit an de Vierdergrond stellen.

Dat alles maache mir mam Kapitän Xavier Bettel u Bord, deen determinéiert ass, d'Erfollegsgeschicht Lëtzebuerg weiderzeschreiwen. Hie kann dobäi op déi ganz Ennerstëtzung vun der DP-Fraktioun zielen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci och dem Här Baum. An nächsten agedroene Riedner ass den Här Georges Engel fir d'LSAP. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President. Merci, Dir Dammen an Dir Hären. Vlächicht eng Remark virop: Am EU-Kontext an am internationale Kontext gëtt Lëtzebuerg ganz oft als en ideaalt Land ugesinn, souwuel wat d'Finanzen ugeet, déi sozial Ofsecherung, de Gesondheetssektor, d'Education, eis Méisproochegkeet, eis kulturell Villfalt. Déi Unerkennung, déi hu mer quasi iwwerall, wann ee vu Lëtzebuerg schwätzt. An ech sinn e bëssen traureg driwwer, dass mer déi Unerkennung heibannen net ëmmer kréien. Well bei aller Kritik, déi ee jo ka maachen, kéint een awer och vlächicht unerkennen, wat hei zu Lëtzebuerg alles richtig a wat alles gutt leeft. An dat feelt mer, dat huet mer immens gefeelt bei dem éischte Riedebäitrag, wou et quasi nëmmen ëm Kritik gaangen ass.

(Interruption par Mme Martine Hansen)

Kritik dierf ee maachen, jo!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Et woren och vill Virschléi.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo, et koumen och Virschléi, dat ass richtig. Et koumen och Virschléi. Mee et kum virun allem vill Kritik. Ech fannen, et sollt een och emol dat unerkennen, wat hei gutt leeft.

■ **Une voix.** - Richtig!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - 2021, Dir Dammen an Dir Hären, wäert als Krisejoer an d'Geschicht agoen. Eng sanitär Kris, wéi eist Land, wéi Europa, wéi eis Welt se éiweg net méi kann huet. Duerfir ass mäin éischte Punkt, gradesou wéi beim éischte Riedner, dann och d'Santé, ier ech dann op déi véier aner Prioritéiten vun der LSAP wäert agoen, d'Aarbecht, d'Bildung, de Klimaschutz an de Logement. An ech kommen och net laanscht d'Steieren. Déi Punkten, déi decke sech zum groussen Deel mat de Prioritéiten aus dem Budget vum Joer 2022, déi mer de Moie virgestallt kruten. Dës leien eis besonnesch um Häerz, déi Punkten, déi ech virdrun opgezielt hunn, grad well duerch si déi sozial Gerechtegkeet an engem Zukunftsprojet gestärkt ka ginn.

An eisen Ae kann eng Gesellschaft nëmme fonctionéieren a jidder Einzelne sech an dëser Gesellschaft entfalten, wa se op engem Fundament vu sozialer Gerechtegkeet opgebaut ass. Wéi wichteg dëst Fundament, d'Solidaritéit, d'Sécherheet an den Zesummenhalt an enger Gesellschaft sinn, dat huet eis déi sanitär Kris gewisen.

Här President, ech fänken, wéi gesot, mat der Santé un.

Déi lescht 19 Méint ware schwierig Zäite fir eis alleguerten, fir muncher vun eis besonnesch schwéier. D'Pandemie huet eis och bewosst gemaach, dass mer trotz allen Efforten net all gläich si virun esou enger extreemer Situatioun. Dat ass e wichtige Constat, well en och nach eng Kéier ënnersträicht, dass mir e solidaresche Gesondheets- a Sozialsystem hunn, dee mer awer weider mussen ausbauen a stäerken, fir dass jiddweree vum sozialen Netz kann opgefaange ginn, wann een et dann och brauch. Duerfir setzt d'LSAP sech zanter jeehier an an duerfir wäerte mer eis och an Zukunft weider asetzen a staarkmaachen.

Ee weidere Constat ass deen, dass mir zu Lëtzebuerg vergläichsweis gutt derduerchkomm sinn, esou wéi de Pierre Gramegna et de Moien und gesot huet. Vun Ufank un ass séier a gutt reagiert ginn. No engem Lockdown an der Ufanksphas - e Lockdown, deen, am Verglach mam Ausland, nach vergläichsweis vill Beweegungsfräiheet zougelooss

huet - si mat ëmmer méi Wëssen iwwert de Virus, iwwer seng Iwwerdroungsweeër an d'Méiglecheeten, sech an déi aner ze schützen, d'Fräiheete schrittweis nees hiergestallt ginn; Restriktiounen, déi natierlech ëmmer am Equilibre waren tëschent esou vill Sécherheet wéi néideg an esou vill Fräiheet wéi méiglech. Iwwerdeems huet d'Regierung eng ganz Rei vu Mesurë geholl - Testméiglechkeeten, Testzentren, Centres de soins, Telemedezinn -, fir d'Pandemie anzegrenzen a se ze kontrolléieren.

Ganz séier ass ee sech och bewosst ginn, dass d'Pandemie an d'Schutzmoosssname géifen hiren Tribut um Niveau vun der mentaler Gesondheet fuerderen. Duerfir huet d'Regierung eng spezifesch psychologesch Hëllef iwwer covid19-psy.lu en place gesat - eng Initiativ, déi och da groussen Echo hat.

Zusätzlech huet d'Regierung vun Ufank un eng ganz Serie vu Mesuren decidéiert, fir déi organisatoresch a finanziell Effete vun der Kris op d'Leit gradewéi och op d'Entreprises ofzufiedere. Nieft der Ausdeenung vun der Kuerzaarbecht, op déi ech nach zrëckkommen, ënner anerem, gouf de Congé pour raisons familiales, e Covid-Congé, en neie Congé pour soutien familial geschafft, an och d'Lounfortzahlung am Krankheitsfall gouf vun der CNS iwwerholl. Et ass eis wichtig, hei als LSAP ze ënnersträichen, dass dës Moosssnamen nëmme konntent decidéiert, séier decidéiert ginn, och ëmgesat ginn, well d'Assurance maladie déi néideg Reserven hat, fir anzesprangen. Dem Kassensturz vum Hierscht 2020 no waren et 356 Milliounen Euro, déi d'Assurance maladie-maternité hei gestemmt hat an déi, esou wéi dat och mat der Quadripartite ofgemaach war, iwwert déi nächst Joren aus dem Staatsbudget nees zrëckfléissee sollen.

Iwwregens: D'Pandemie huet ganz séier all oppe Fuerderungen no méi Privatiséierungen, no méi Aspuerungen, no enger extremer Rationaliséierung an no engem reng op merkantille Prinzipie gefouerte Gesondheetssystem verstëmme gelooss. Den Discours vum schlanke Staat an engem schlanke Sozialsystem, deen ass verstommt. Ausser vlächicht bei der ADR.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dës Kris huet gewisen ...

Dir sidd zimmlech eleng hei. Dat ass och gutt esou!

(Interruptions)

Dës Kris huet gewisen, wéi wichteg dass e gudden, performanten a solidaresche Gesondheetssystem ass, dass deen net nëmme deene Schwächsten an der Gesellschaft zeguttkënn, mee der ganzer Gesellschaft. Do profitéiert jiddwereen dovunner. An d'LSAP wäert sech weider, wéi an der Vergaangenheet, staarkmaache fir e Gesondheetswiesen an e soziaalt Wiesen, wou all Mënsch den Accës zu gudder Leeschtunge garantéiert kritt.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dat gëllt natierlech am Beräich vun der Gesondheetsversuergung, mee dat gëllt awer och an anere Beräicher vun der sozialer Sécherheet. Dat gëllt fir d'Pensioun, dat gëllt fir d'Renten, fir d'Invalidierenden, fir d'Fleegeversécherung, fir d'Assurance accident, fir de Chômage, fir aner sozial Hëlfelefen. An alles dat si Moosssnamen, déi d'LSAP-Handschrëft droen.

Ech wëll hei och drun erënneren, dass de Problem am Gesondheetswiesen ni dee vun der Zuel vun de Better war, ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ou?

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... mee et war dee vu genuch Personal, fir déi spezialiséiert Soinen ze garantéieren. D'Zuel vun de Better op 100.000 Awunner ass effektiv - op 100.000 Awunner, soen ech nach eng Kéier - erogaangen. Dat hate mer schonn d'lescht Joer erkläert.

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Dat hate mer d'lescht Joer gekläert.

Nee, nee, d'Zuel ..., am Rapport steet et dra vum Spidolsplang, dass d'Zuel effektiv eropgaangen ass, mee pro 100.000 Awunner erogaangen ass. Mee dat huet awer och mat de Changementer vun der Prise en charge vun de Patienten ze dinn, déi haut vill méi ambulant a vill manner laangzäitlech am Spidol behandelt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, no enger kuerzer Paus ass och de Gesondheetsdësch zesummekomm, mam Zil, eng gemeinsam Visioun fir eise Santéssystem ze entwéckelen, déi vun allen Acteuren um Terrain gedeelt gëtt. An dobäi geet et ëm d'Ausrichtung, d'Verbesserung an d'Ofsecherung vun eiem Gesondheets- a Sozialsystem, dee seng Preuvë gemaach huet an dee muss weiderentwéckelt ginn, fir fit fir d'Zukunft ze sinn.

Sechs Aarbechtsgruppen hu sech mat verschiddenen Theemfelder befaasst. An all d'Konklusiounen sollen duerno an e Plan national Santé afléissen an dann ëmgesat ginn.





De Problem vun der Vulnerabilitéit vun eisem Gesondheetssystem ass, dass mer, wat dat medezinescht Personal an d'Fleegepersonal ubelaangt, ganz staark vum Ausland ofhängeg sinn. Dës Problematik war scho virun der Pandemie bekannt. Dës Verletzlechkeet gouf eis virun allem awer am Ufank vun der Pandemie nach eemol mat grousssem Nodrock virun Ae gefouert.

D'Regierung ass, wat déi Problematik ugeet, schonn aktiv ginn, ënner anerem fir e Reformprojet, wat d'Ausbildung vun de Fleegeberuffer ugeet, auszeschaffen. De Projet, esou wéi en ugekënnegt gouf, mécht net iwwerall d'Unanimitéit. Mir denken, dass ee sech den Argumenter vun deene Betraffenen, vun deene Leit um Terrain, net soll verschléissen, a mir sollte kucken, wéi een do Upassunge kéint maachen, soudass déi Reform do och um Terrain kéint matgedroe ginn.

Ech soen hei eppes Änlechens wéi dat, wat d'CSV gesot huet. Warscheinlech soen ech et mat engem aneren Toun. Den Toun mécht oft d'Musek! D'CSV hat éischter den Oppositionstoun drop, éischter esou wéi alleguerten déi Stiermer, déi beim Fussball op de Gradinë stinn, déi schéissen och all e Gol eran, an déi, déi um Terrain musse spillen, déi bréngen et eeben net esou gutt fäerdeg, well se an där richteger Situatioun sinn. Esou ass dat meeschstens.

#### (Interruption)

Et ass och kloer, dass déi Entwécklungen a Saachen Telemedezinn an Digitalisatioun, wou mer während der an duerch d'Pandemie e Quantesprong gemaach hunn, musse virugedriwwen ginn, och a virun allem, fir d'Gesondheetsversuergung besser ze koordinéieren an eist medezinescht Personal an d'Fleegepersonal ze entlaaschten.

D'Kris, Dir Dammen an Dir Hären, huet eis och nach eemol virun Ae gefouert, wéi wichteg eng gutt Koordinatioun tëschent dem Spidolssecteur an dem Extrahospitalier ass. Eng Gesondheetsversuergung, déi no un de Leit an accessibel ass fir jiddwereen. A wa mir vun Accessibilitéit schwätzen, dann ass domadder och, mee net nëmmen de geografischen, physischen Zougang gemengt. An engem Land wéi Lëtzebuerg, mat esou engem héije Liebensstandard an engem esou gudde Gesondheetssystem, muss awer och garantéiert sinn, dass jiddwereen - jiddwereen! - Zougang zu enger héichwäerteger Gesondheetsversuergung huet. Eng Gesellschaft gétt nämlech gemooss um Émgang mat hire Schwächsten!

Dat ass wuel zum allergréissten Deel elo schonn de Fall, mee eeben net fir jiddwereen. D'Zuel vun de Leit, déi sech un ONGen, un Associatiounen a sozial Stellen adresséiere mat urgente Gesondheetsproblemer, déi keen Zougang zu der normaler Gesondheetsversuergung hunn, déi weisen eis, dass et awer ëmmer nach Leit gëtt, déi duerch dat soziaalt Netz falen. An d'Regierung sollt derfir suergen, fir en Accès universel aux soins de santé en place ze setzen. An dat wär fir eis als LSAP e ganz wichtige Schratt an och e Kärpunkt.

Solidaritéit bedeit eeben och a virun allem, dass déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft opgefaange ginn an ënnert d'Äerm gegräff kréien. Och dat ass eng essenziell Fro vu sozialer Gerechtegkeet. A wa mir als LSAP eis net fir si asetzen, wien dann?

Déi Solidaritéit dierfe mer och net vergiessen ...

#### (Interruptions et hilarité)

O, Dir hutt alleguer Zäit, herno dat ze soen, wie sech nach derfir asetzt. Ech si frou fir all Support, dee mer kréien.

Déi Solidaritéit dierfe mer och net vergiessen, wann et ëm d'Diskussioun vun der Sécherheet am öffentlechen Raum geet. Also, wie mengt, déi Problemer just mat repressive Mesuren an de Grëff ze kréien, deen denkt definitiv ze kuerz. Verbuetter, Bestrofung, Ewechspären a Verdreiwen, dat léist de Problem nëmme scheinbar. D'Problematik mat enger Law-and-order-Anproche ze léisen, dat ass net d'Léisung. An duerfir begrësse mir, dass de Premier dëst gëschter a senger Ried och esou ënnerstrach huet.

Et geet net duer, just d'Police opzestocken, mee et muss vill méi un der Preventioun geschafft ginn. Déi Diskussioun kann net lassgeliest gefouert gi vun där sozialer Dimensioun. Nëmme mat enger equilibriierter an enger ganzheetlecher Strategie kann een eng Verbesserung erreechen. Duerfir hu mir eis als LSAP vun Ufank un an där Diskussioun hei ronderëm d'Garantie d'accès verflücht, sozial Begleetmesuren anzeféieren. Esou ass parallel zu de Sécherheetsmesuren e ganze Katalog vu soziale Mesuren entstanen, deen an dësem Mount nach eng Käier vun der Regierung sollt virgestallt ginn.

Dat heescht awer net, dass mir d'Repressioun verholéissen, wéi dat de Sozialiste gären nagesot gëtt. Ganz am Géigendeel! D'Sécherheetsgefill ass eis extrem wichteg. An an engem demokrateschen Land, do dierf et och net esou sinn, dass et No-go-Areas gëtt, an dass do keen ausser d'Police, wann iwwerhaupt, sech dohinner traue. A grad duerfir ge-

héiere sozial Begleetmoosnamen och dozou: genuch Offere fir d'Prise en charge vu Suchtkranken, beispillsweis am Beräich Traitement, Therapie, Posttherapie, gesondheetlech a psychosozial Begleitung, nidderschwellig Angeboter, a virun allem Preventioun, Informatioun, Sensibiliséierung an eng konsistent, adaptéiert a koordinéiert Offer a Saache Santé mentale an dem psychosozialen Encadrement. An dat vu Jonkem u bis an den Alter eran.

Wie sech wuel spiert a senger Haut, wie weess, dass e gehollef kritt, wann e Problemer huet, dass en am Noutfall och vun der Gesellschaft opgefaange gëtt, dass e seng Plaz an der Gesellschaft huet, och wann en net an d'Scheema XY erapasst an an de Raster passt, deen huet och manner Risiko, fir e problematescht Suchtverhalten ze entwéckelen. An do ass et ganz egal, ob et legal oder illegal Droge sinn.

Mënschen, déi um Bord vun der Gesellschaft liewen, déi psychesch Problemer, e problematescht Suchtverhalten hunn, brauchen Hëllef a Moossnamen, fir sech ze stabiliséieren an eventuell nees op d'Been ze kommen. A mir mussen eis esou opstellen, dass psychesch a psychosozial Problemer am beschte Fall evitéiert oder ganz fréi erkannt a behandelt kënnen ginn. Och un dës Problematik musse mer solidaresch erugeen. Och dëst ass eng Fro vu Solidaritéit.

Als LSAP sti mir fir sozial Gerechtegkeet a Solidaritéit, fir eng Gesellschaft, déi zesummenhält an alle gläichermoossen Zougang zu gudde Leeschtungen, zu adequater Hëllef an Ënnerstützung garantéiert, fir déi Leit, déi um Bord vun der Gesellschaft liewen, net ze vergiessen.

Op deem Bord kann een awer ganz séier ausrutschen. Wann een zum Beispill seng Aarbecht verléiert. Wat mech zum zweeten Theema bréngt: d'Impakter vun dëser Kris op de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deene richtige Mesuren, déi geholl gi sinn, hu mer am Beräich vun der Aarbechtspolitik an deene leschten 19 Méint e groussen Effort vu Solidaritéit gemaach, deen absolutt richtig war. Eis solidaresch Politik huet och hir Friichten hei gedroen. De Chômage louch am August dëst Joer bei grad emol 5,5 %. Domadder ass gutt annerhaleft Joer nom Ufank vun der sanitärer Kris de Chômageniveau vu virun der Pandemie praktesch erëm erreecht ginn. Zur Erënerung: Am August 2019 louch e bei 5,4 %, also quasi identesch. Dertëschent war en am Summer 2020 och emol bis op 7 % geklommen. Natierlech muss ee mat den Zuele virsiichteg sinn, mee et steet fest: Dëse Retour op d'Chômagezuele vun 2019 ass beileiwe keen Automatismus gewiescht, mee et ass d'Resultat vun deene villen Hëlfe, déi während der Kris vun der ganzer Regierung ...

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Ou?

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... ugebuete gi sinn.

Natierlech och vun eisem Aarbechtsminister, dem Dan Kersch.

#### (Hilarité)

D'Zil war et vun Ufank un, keen op der Streck ze loossen. An dat wichtegst Instrument, fir dëst Zil ze erreechen, ass a war d'Kuerzaarbecht. Si ass am Ufank vun der Kris op sämtlech Branchen ausgeweit ginn an huet esou vill Leit wéi nëmme méiglech an der Aarbecht ze behale gehollef. An heibai hu mir et verhënnert, dass och nëmmen eng Persoun ënnert de Mindestloun gefall ass! An de Fonds pour l'emploi huet vun Ufank un och onkomplizéiert Gelder am Virus bezuelt, fir d'Betriber ze entlaaschten. Do si Montante gefloss an enger Héicht, déi ee sech viru Joren ni hätt dreeme loos-sen.

Säit dem Ufank vun der Pandemie sinn 1,164 Milliarden Euro u Betriber ausbezuelet ginn. 1 Milliard 164 Milliounen Euro! Fir eng Gréisstenuerdnung ze ginn: Am Budget 2020, dee jo virun der Kris nach ausgeschafft ginn ass, waren insgesamt Depensen an der Administration centrale an Héicht vun 20,9 Milliarde virgesinn. Dat weist, wéi e finanziellen Effort dat hei war, wat hei gemaach ginn ass. Vun deenen 1,164 Milliarden sinn, dat huet sech elo am Nachhinein erausgestallt, ganzer 769 Milliounen reell fir d'Kuerzaarbecht genotzt ginn an 395 Milliounen sinn do ze vill bezuelt ginn. Dëst, well d'Betriber awer manner iwwer Kuerzaarbecht gefuer sinn, wéi dat am Ufank gefaart gouf. A vun deenen 395 Milliounen Euro hunn d'Betriber och schonn déi grouss Majoritéit mëttlerweil erëm zrëckbezuelt.

Besonnenesch betraff vun der wirtschaftlecher Konsequenz vun der Pandemie war jo den Horeca-Beräich. An deem Secteur hunn 1.892 Betriber während enger gewëssener Zäit um Chômage partiell profitéiert. An hei leeft d'Méiglechkeet, Chômage partiell ze kréien, jo och nach bis den Dezember weider. Deemno dierft et net bei deene 769 Milliounen Euro bleiwen.

Dëst ass e formidabelen finanziellen Effort, dee mir als LSAP ausdrécklech ënnerstëtzen an dee mer

och mat an d'Weeër geleet hunn, well all dëst Geld huet et ville Betriber erlaabt, hir Aarbecht an hir Leit virun allem ze halen, se net ze entloossen, well dovunner auszegoen ass, dass d'Ekonomie um Enn vun der Pandemie nees wäert unzéien, wat jo zum Deel och elo schonn de Fall ass. Deemno wär et kontraproduktiv gewiescht, wann um Héichpunkt vun der Kris d'Leit hätte missen entlooss ginn, fir elo oder méi spéit erëm agestallt ze ginn. Dat kann een haut, wou d'Situatioun sech e bësse berouegt huet, als selbstverständlech ugesinn, dass de Staat do mat aspréngt, mee ech wëll hei ënnersträichen, dass dat net de Fall ass an dass dat op eng Volontéit vun dëser Majoritéit, vun deene Leit, déi an der Verantwortung sinn, zrëckzeféieren ass. Ech denken, d'Montante schwätze fir sech. Si sinn dee Bëton, deen eist Fundament vu sozialer Gerechtegkeet an der Gesellschaft während der Kris stabill gehalen huet.

Dat selwecht gëllt iwwregens och elo fir Betriber, déi staark ënnert den Iwwerschwemmung vum 14. a vum 15. Juli gelidden hunn. Hei gëllt déi selwecht Logik. Wa Betriber mussen hir Aktivitéit staark erofsetzen oder souguer während enger ganzer Zäit musse pausen, solle se hir Salariéen net entloossen, mee de Staat iwwerhëlt hei dann och 80 % vun hirem Gehalt. Am September hunn nach 23 Betriber dovunner Gebrauch gemaach, am Juli waren et der 156.

Woubäi een natierlech och muss bedenken, dass et net fir jiddwereen einfach ass, esou op 20 % vu sengem Salaira ze verzichten, an deenen ënneschte Salairen zemoos. Dëst virun allem a Betriber, wou Leit och am Fall sinn, dass se Dréngeld kréien an dass dat och e groussen Deel vun hirem Salaira ass. Fir si war, wéi d'Restauranten an d'Caféen zou waren, den Ausfall esouguer méi héich da wéi 20 %. A leider hu mir hei zu Lëtzebuerg e relativ héijen Taux vu sougenannte „working poor“, Leit, déi schaffe ginn an awer net genuch hunn. Laut dem Statec louch den Aarmutsrisiko fir Leit, déi schaffen, 2019 ëmmerhi bei 12 %. Dat ass e Phänomeen, deen een net ënnerschätzen dierf a wou mir als Politik gefuerdert sinn. Ech kommen herno nach eng Käier dorobber zrëck.

Well fir eis als LSAP ass a bleibt d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet eng vun den héchste Prioritéiten. Duerfir mécht et eis Suergen, dass, wann d'Chômagezuelen nees erofginn, d'Unzuel vun de Laangzäitaarbechtslosen awer tendenziell méi grouss gëtt. Am August waren iwwert d'Hallschent vun de Residenten, déi bei der ADEM ageschriwwen sinn, sougenannte Laangzäitaarbechtsloser. Dat heescht, dass si scho méi wéi zwielef Méint op der Sich no enger Aarbecht sinn. Dat ass eng Evolutioun, déi eis Suerge mécht, déi mer am A musse behalen a wou mer mussen och probéieren, géigenzesteieren.

A Wonnerléisunge gëtt et net, leider. Mee e Schlëselement ass awer sécherlech d'Formation continue, déi iwwregens elo viru Kuerzem hire 50. Anniversaire gefeiert huet. Wat mech bei e weidert Theema bréngt, nämlech d'Digitalisatioun vun eiser Gesellschaft a méi spezifesch déi vun eisem Aarbechtsmaart.

Well mir si jo an enger paradoxaler Situatioun, wou mir ronn 16.000 Leit hunn, déi am Chômage sinn, mee och gläichzäiteg 10.000 Aarbechtsplazen opstoen hunn! Dat weist, dass do eppes net passt. Iergendwéi passt dat jo net zesummen. Wann s de 16.000 Leit hues, déi eng Aarbecht wëllen, an 10.000 Aarbechtsplazen opstoen hues, ass eppes, wat net matchet do. D'Aarbechtswelt evoluéiert ëmmer méi séier, wat et fir Leit, déi vläicht scho länger aus der Schoul eraus sinn, net onbedéngt méi einfach mécht. Duerfir brauch et Mesuren, wéi se zum Beispill am Abrëll vun eisem Aarbechtsminister virgestallt goufen. Do ass Persounen, déi ufanks 2021 an der Kuerzaarbecht waren, e Bong vu 500 Euro ugebuete ginn, fir un enger Formatioun am digitale Beräich deelzehuelen. Dat ass eng pragmatesch an eng konkret Hëllef. Dat ass e Wee, dee mer musse goen.

Well wann d'Pandemie eis eppes gewisen huet, dann, dass eis Gesellschaft a puncto Digitalisatioun awer nach zimmlech an de Kannerschong stécht an nach vill Loft no uewen ass. Ob een dës Evolutioun elo gutt oder schlecht fënnt, mir kommen egal wéi net derlaanscht! An do musse mer déi Leit mathuelen, déi vläicht net esou den Zoch hunn, fir mat den neie Medien ëmzegoen, respektiv déi net déi néideg Formatiounen hunn, fir mat deenen neien Technologien op enger Aarbechtsplaz dann och kënnen ëmzegoen. Well och hei gëllt et: Et soll keen op der Streck gelooss ginn. An duerfir ënnerstëtze mer hei d'Aféierung vun engem neie Subsid fir Haushalter, déi sech den Uschloss un e séieren Internet net leeschte kënnen. „Eng gutt Konnexioun“, huet gëschter de Premier gesot, „dierf keng sozial Fro sinn.“ An dat ënnerstëtze mer zu 100 %.

Kuerz, als Sozialiste sti mir méi wéi jee zu Mesur wéi dem Chômage partiell, well dat mat dat effikas Instrument ass fir ze verhënnern, dass Leit aarbechtslos ginn. Et ass e weidert Element, fir eist gesellschaftlecht Fundament vu sozialer Gerechtegkeet ze verstärken.

An och wann ech hei en zimmlech grouse Fokus op d'Aarbecht leeën, begrëissen ech dem Premier seng Ausso iwwert d'Work-Life-Balance. Hien huet d'Wichtigkeet vun der Aarbecht fir deen Einzelnen a fir de Fonctionnement vun der Gesellschaft ënnerstrach, mee hien huet awer och ganz kloer gesot: „Mir liewen awer net fir ze schaffen, mir schaffen, fir besser ze liewen.“

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - An et ass eis als LSAP immens wichteg, dass mer den Aspekt vun der Aarbechtszäitverkürzung weider am A behalen. No der Kris musse mer eis erëm op déi wichtegst Saachen am Liewe konzentréieren an eis och aus dem Hamsterrad eraustrauen an eis Zäit huelen a virun allem och Zäit kréie fir dat Weesentlecht am Liewen. An duerfir steet d'LSAP ganz kloer fir Aarbechtszäitverkürzungen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Mir ënnerstëtzen och all Initiativ fir den Télétravail. Ech si frou, dass mäi Frënd, de Claude Haagen, President ass vun där Sous-commission Télétravail hei an der Chamber. An ech sinn och sécher, dass do konstruktiv a gutt zesumme geschafft gëtt. A gradesou wéi och d'Coworkingspaces, déi solle kommen, wou d'Leit net musse bis onbedéngt an d'Stad fueren, wou se kënnen op anere Plaze sech treffen, fir dann hir Aarbecht ze maachen, och dat ënnerstëtze mer zu 100 %.

Mee ier dass ee schaffe geet, mussen déi Jonk awer e Parcours absolvéieren, deen iwwert déi lescht Jore sécher net méi einfach ginn ass, mee op alle Fall méi divers ginn ass, dat ass de Schoulparcours. Wat mech zu mengem drëtten Theema, der Bildung, féiert.

Fir d'LSAP ass et ganz kloer, dass d'Schoul nees zum oft zitíierte Lift muss ginn. E Lift, wou all Kand, all Jugendlechen déi selwecht Chancen huet, fir un de Knäppchen zu deem Zil ze kommen, deen hien drécke wëllt. Wëllt ee Jonken en Handwierk léieren, muss e via eng gutt an effizient Orientatiounspolitik un de jeeweilege Knäppche kommen. An ech fänke ganz bewusst mam Handwierk hei un, mat enger Léier als Beispill, well mer do endlech vun deem schlechten Image: „Ben, deen do, dee léiert just en Handwierk“ musse fortkommen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Mir mussen och hei zu Lëtzebuerg endlech op eng Gläichstellung tëschent de verschiddenen Enseignementssparte kommen. Och dofir hat meng Partei, muss ech ganz kloer soen, mat enger gewëssener Skepsis op d'Annonce vun der Schoufflicht bis 18 Joer reagiert. Fir eis steet am Koalitionsaccord eng Ausbildungsflicht. An dovu gi mer och nach ëmmer aus. Fir eis kënt et och net a Fro, dass un der Attraktivitéit vun der Ausbildung hei gespillt gëtt.

D'LSAP steet fir eng gutt Ausbildung. Eng Verschlechterung vun dësem Modell, beziungswies eng Verlängerung vun der Aarbechtszäit fir d'Leit, déi sech scho mat ronn 16 Joer op de Wee vun enger professioneller Formatioun maachen, dat wäert et mat eis net ginn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - D'Orientatioun, fir sech tëschent all de Knäppercher am Lift, spréich tëschent de verschiddene Schoulweeër an uschlëssende Berufsméiglechkeeten, ze entscheeden, muss esou kloer an effektiv wéi méiglech gereegelt ginn. Also, wéi et haut e bëssen ass, dat ass net gutt. Déi „orientation par l'échec“ muss der Vergaangenheet ugehéieren. „Wann s de net gutt do dra bass, da gees de ëmmer dohinner. An op eemol lands de beim Handwierk.“ An dat kann et dach net sinn!

Mir mussen eis Leit besser orientéieren. D'Orientatioun soll vun der Motivatioun vun deene Jonken ausgoen. Wann ee motivéiert ass, da soll een dat och notzen. Grad als Jonke kann ee viles, kann ee souguer bal alles erreechen. Gëtt een awer am Schoulparcours a finalement duerch eng manner gutt Orientéierung demotivéiert, dann ass den Echec och virprogramméiert. Dofir si mir der Meinung, dass déi ganz Orientéierungsprozedur mat sämtlechen Acteuren nach eemol muss op de Leescht geholl ginn. Och dat ass néideg, fir eist Fundament vun der sozialer Gerechtegkeet méi stabil ze maachen.

Här President, eis Gesellschaft gëtt ëmmer méi divers. An dat ass och gutt esou. Ongeféier 45 % vun de Schüler an der Grondschoul hunn net déi Lëtzebuerger Nationalitéit an ongeféier een Drëttel vun de Kanner wuessen net mat Lëtzebuergesch als Éischtsprooch op.

Et soll een och keng Angscht hu virum Friemen. Et soll ee keng Angscht hu virun deenen, déi net eis Sprooch schwätzen, a keng Angscht hu virun deenen, déi net aus eisem Kulturkrees kommen. Mir kënnen alleguerten dobäi wannen. An ech kenne ganz vill Leit, déi am Ufank e Problem haten, dass se en auslänneschen Noper kritt hunn, mee wéi se





e bis kennegeléiert haten, waren et ganz séier gutt an déi beschte Frënn ginn. Dofir, kommt, mir halen och op mat deem Discours vun der Angscht virun deenen aneren heibannen! Dat bréngt eis net weider.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Fir eis Schoul, déi de Lift soll duerstellen, bedeit dat, dass net alleguer d'Kanner um selwechten Niveau eraklappen. Hei ass beispillsweis, wéi ech virdu gesot hunn, de Sproochebackground vun eise Kanner e ganz groussen Aspekt. Déi Kanner, déi also, soe mer emol, um Minus 1, wéinst hire Lacunnen an enger Sprooch eraklappen, déi mussen trotzdeem duerch d'Schoul, duerch d'Coursen, duerch eng gutt Betreuung an duerch eng qualifizéiert a gratis No-hëllef, d'Méiglechkeet kréien, op all Zil vum Lift, wat hinne virschwíeft, erauszekommen. Mir mussen eise Jonken, egal wat se fir e Background hunn, all d'Moyene mat op de Wee ginn, fir hiert Zil kënnen ze erreechen.

Chancëgerechtkeet ass fir d'LSAP do eng absolutt Prioritéit. Dass een hautzudaags scho beim Antrieden an de Schoulsystem ka soen, ob e Kand et spéider iwwerhaupt an de Classique ka packen, dat ass u sech en Echec fir eise Modell an huet näischt méi direkt mat Chancëgerechtkeet ze dinn.

An déi Gerechtegkeet huet och iwwert déi lescht zwee Joer nach eng Kéier ferm gelidden. Kanner, déi et souwisou scho méi schwéier haten, an der Schoul matzekommen, déi hunn duerch den Enseignement à distance weider Fiedere gelooss. Dat beweist och de Bildungsbericht vun dësem Joer, op deen ee wuel nach eng Kéier emol misst méi am Detail agoen.

Grad Kanner aus sozial méi defavoriséierten Haiser hu besonnesch ënnert der Covidkris gelidden. Dofir e Luef fir d'Regierung an deem Kontext - an dat kann heibannen awer keen ofstreiden -, dass d'Schoulen zu Lëtzebuerg esou vill op waren a se esou vill en présentiel stattfonnt hu wéi soss néierens. Virun e puer Woche ware mer am Saarland. Do waren d'Kanner sechs Méint laang doheim! Bei eis ware se am Ganzen am leschte Schouljoer am Fondamental zwou Wochen doheim. An Däitschland am Saarland waren et sechs Méint.

Erlaabt mer an deem Kontext - ech maachen hei gären eng kleng Klammer op -, zwee Opriff ze maachen. Deen ee geet un eis alleguerten als Gesellschaft: Kommt, mir behuelen eis esou, dass de Covid manner Chancë kritt, sech ze verbreedten, an esou, dass mat eis Schoulen och sécher kënnen halen! Dat géllt, wa mer eis weider un déi nach e puer gëlteg Reegelen halen. Et sinn der net méi vill, mee un déi puer solle mer eis nach halen. Dat géllt awer virun allem och, wa mer eis impfe loos-sen.

Dee selwechten Opruff wéilt ech och un déi Jonk maachen: Schützt Är Frënn a Kolleegen! Mee schützt och lech selwer! Well Long-Covid, dat ass net ofzestreden, sech elo net impfen ze loos-sen a Jore méi spéit nach gesondheetlech ënnert där Decisioun do ze leiden, dat wär fatal! A sot och Ären Elteren dat!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - An hei wëll ech nach emol betounen, dass sech impfe loos-sen, keng Repressioun ass, mee en Akt vu Solidaritéit.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eppes Positives, wat dës schrecklech Kris mat sech bruecht huet, ass, dass d'Thema vun der mentaler Gesondheet, jo, och vum perséinleche Sécherheetsgefill vun de Kanner endlech nach méi an de Mëttelpunkt geréckelt gouf. Nee, fir eis als LSAP muss déi mental Gesondheet weider en Topptheema vun eiser Diskussioun bleiwen. An d'Kanner mussen do am Mëttelpunkt stoen.

Déi Jonk - d'Kanner a Jugendlech - hunn am meeschten ënnert dëser Kris gelidden. Wéi soe se ëmmer?: „D'Lyceeszäit, d'Studentenzäit ass déi schéinsten Zäit am Liewen.“ Majo, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an de leschten zwee Joer war et eebe keng esou eng schéin Zäit fir eis Jugend. Dofir muss mir hei hir Suergen eescht huelen. Aus Suerge kënn sech sécher an och séier ganz grav Problemer entwéckelen. Angschtzoustänn, Entwécklungsproblemer, jo, souguer Depressiounen bestëmmen och ëmmer méi deene Jonken hiert Liewen. An awer ass et nach dacks en Tabutheema.

Dësen Tabu géllt et ze brieche. Fir d'LSAP ass et dofir wichtig, dës Sujet an de Schoulen ze traitéieren an den Zougang zur psychologescher Hëllef ze vereinfachen. E Psycholog mam Shouldokter an d'Schoule schécken, esou wéi et beispillsweis vum Jugendparlament gefuerdert gëtt - firwat net? Eng Iwwerleeung sollt eis dat awer Wäert sinn.

Eis Gesellschaft gëtt ëmmer méi divers, wéi ech scho virdu gesot hunn. An dëst ass mat weideren Erausforderunge fir eis Schoul verbonnen. En interessante Wee, op dee mir hei am Land ginn, fir op dës méi divers Demande ze reagéieren, ass dee vun den ëffentlechen internationale Schoulen. Dëst ass

wuel e ganz flotten an attraktive Modell. Schonn aleng, well en och eng aner Erugoensweis un d'Sproocheproblematik huet.

D'LSAP ënnerstëtzt dës Diversificatioun nom Modell vun der Ganzdaagsbetreuing. Bedenken hu mir awer, wat d'Attraktivitéit ugeet. Wann dës internationale Schoulen tatsächlech de bessere Modell si fir eis Gesellschaft, spréich fir eis Kanner, da muss een och sécherstellen, dass och all Kand déi selwecht Chancen huet, fir op dës Offer kënnen zrëckzegraifen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Eng Zwouklassegesellschaft, wat de Bildungsoptag hei zu Lëtzebuerg ugeet, dat dierf et net ginn. An d'LSAP wäert dat och mat Sécherheet net zouloossen!

Fir op d'Bild vum Lift zrëckzekommen: Fir eis ass et kloer, dass ee just ee Lift fir all d'Kanner kann hunn. Een zweeten niewendrun, deen da just fir déi Happy Few ass, déi sech dat da kënnen leeschten a mengen, esou méi séier un d'Zil kënnen ze kommen, dat ass net gutt fir d'Kanner an dat ass och net gutt fir eis Cohésion sociale.

Eng weider Saach, déi d'Kris eis an deem Kontext geléiert huet, ass d'Reduktioun vun de Coursen op déi essenziell Aspekter. Kommt, mir notzen dës Erkenntnis, fir eis Programmer endlech emol duerch-zestëbsen an ze kucken, wat eis Kanner wierklech virubréngt! Well d'Schoul op d'Erausforderunge vu muer a souguer vun iwwermuer muss virbereeden, wäert dës Programm och an Zukunft weider adaptéiert musse ginn. An och nei Aspekter musse sech dann an deem offizielle Schoulprogramm erëmfannen.

Mir ënnerstëtzen duerfir och voll a ganz d'Initiativen am Sport an an der Kultur, natierlech och am Benevolat, déi de Premier ugekënnegt huet. Fir eng Rei vu Kanner kënnen grad iwwert déi Weeër eng Rei vu Chancen opgemaach ginn. Grad do kënnen si sech entfalten an e Wee an hirem Liewe fannen, dee se an der Riicht hält. Och dat ass eng Fro vu Gerechtegkeet.

Leider ginn all eis Kanner allze dacks mat deene selwechte Krittäre gemooss. Fräi e bëssen nom Bild: „Wann s de de Fësch an den Af derno beurteels, wéi gutt se op de Bam klappen, da kënn de Fësch sech säi ganz Liewen domm vir!“

(*Hilarité*)

Den Engagement vun den Enseignanten an der Kris war enorm. D'Reaktivitéit vun der ëffentlecher Schoul, vun de Gemengen, vum Staat war grouss. An ech denken hei och un d'Bereetstelle vun den Tabletten, déi, an dat ass och hei am Grand-Duché eng Realitéit, net all Famill fir hir Kanner hätt kënnen finanzéieren. Dofir gëtt et fir d'LSAP just ee Schoulsystem, dee ka funktionéieren, an dat ass dee vun der ëffentlecher Schoul. Mat der LSAP wäert eenzeg an aleng déi ëffentlech Schoul de Modell sinn, deen et ze ënnerstëtze géllt.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - De Lift vum Opstig duerch d'Schoul ass déi lescht Joren déi eng oder aner Kéier hänkebliwwen. Duerch d'Pandemie si weider Steiess derbäikomm, mee mir mussen alles drusetzen, dass dës Lift erëm fir alleguer d'Kanner zougänglech ass an och, fir déi richteg Sortie, jo, fir dat richteg Zil ze fannen.

Eng gutt, gerecht a sécher Zukunft fir all eis Kanner, dovun kënnen mer alleguer nëmme profitéieren. Well wann de Lift net funktionéiert, da riskéiert dat, d'Fundament vun der sozialer Gerechtegkeet ze ënnerspullen.

Dir Dammen an Dir Hären, eng gutt Ausbildung, qualitativ héichwäerteg Aarbechtsplazen an enger leeschungsfäeiger Ekonomie, funktionéierend Sozialsystemer a politesch Stabilitéit bidde sécherlech deene Jonken ideal Virussetzunge fir hir Zukunft.

All eis Efforten, fir dës Konditiounen ze erhalen, riskéieren allerdings ze scheitern, wa mer net eng grouss aner Erausforderung meeschten. Ech schwätze vum Klimawandel a vun der dramatescher Degradatioun vun eiser natierlecher Ëmwelt.

Dës Erausforderung kënnen mir als Lëtzebuerg net aleng meeschten. Net emol d'Europäesch Unioun mat hire 450 Milliounen Awunner kann dat, wann aner grouss Länner mat hiren héijen Zäregasemissiounen keen Effort maachen.

Dat bedeit awer net, wéi aner Leit heibannen dat mengen, dass et ganz egal wär, wa mir zu Lëtzebuerg näischt hei géife maachen. Well d'EU ass eng vun deene Regiounen op der Welt, déi déi beschte Moyenen hunn, fir an e puer Joerzénge den noutwendeg Adaptatiounen ze maachen, déi mer brauchen, fir géint de Klimawandel virzegoen. Entsprechend héich sinn dofir och d'Ambitiounen vun den EU-Staaten, wat d'Klimaschutzziler ugeet.

Et geet elo drëms ze beweisen, dass mer fäeg sinn, dës Ziler an der Realitéit och ze erreechen. Nëm-men esou kann d'EU um internationalen Niveau

glafwierdeg bleiwen an och aner Länner encouragéieren, déi selwecht Efforten ze maachen. A wa mir einfach soen: „Boff, un eis hânt et jo net an duerfir brauche mir näischt ze maachen“, jo, da kommen déi aner alleguerten net no. Dofir ass et - onbedéngt - wichtig, dass mer hei als EU zesummen Efforte maachen.

Et ass doriwwer eraus am beschten Interêt vun all Land, fir méiglechst wéineg ofhängeg ze si vu Ressourcen, déi an Zukunft warscheinlech net méi am selwechte Mooss verfügbar sinn, wéi se et haut sinn. Lëtzebuerg muss säin Deel derzou bäidroen. An d'LSAP steet och hannert de Verplichtungen, déi sech doraus erginn.

Wat dat konkret bedeit a wéi mer dat wëllen ëmsetzen, dat ergëtt sech zu engem groussen Deel aus dem nationalen Energie- a Klimaplang. Jo, en heescht PNEC. D'Ziler, déi mir eis um nationale Plang gesat hunn, déi si ganz, ganz ambitiéis. Als LSAP si mer eis bewosst, dass et alles anescht wéi eng Selbstverständlechkeet ass, dass mer dës Ziler erreechen. Et gëtt elo schonns eng Rei vu Mesuren, déi vu villen als net realistesch ugesi ginn. Dofir besteet d'Haaptarbecht vun deene kommende Méint a Joren an eisen Aen doranner, alles dorunner ze setzen an ze weisen, dass villes awer machbar ass, wann de politesche Wëllen do ass, fir dësen Ziler déi néideg Prioritéit ze ginn.

Als LSAP si mer net der Meenung, dass elo de Moment ass, fir sech andauernd zousätzlech nei Mesuren auszedenken. Mir sollten eis drop konzentrieren, richteg Fortschreiter um Terrain ze maachen. Déi rezent Tëschebilanen, déi d'Ëmweltminis-tesch an den Energieminister rezent gezunn hunn, weise ganz gutt, wéi schwéier mer eis an der Realitéit domadder dinn, zemoools well eis Bevëlkerung esou staark wiisst wéi a kengem anere Land.

D'Konsequenze vun der Pandemie, déi hunn derfir gesuergt, dass mir, entgéint dem Trend vu virun, elo emol eenegermoossen on track sinn. Mee et gesäit elo esou aus, wéi wa villes erëm weidergeet wéi virun.

Mir wäerten dofir nach vill Efforte musse maachen, wann déi Mesuren, déi elo geplangt sinn, sollen zum Droe kommen. Dat bedeit awer net, dass déi Mesuren onverännert a blannemännches ëngesat solle ginn. All eenzel Measure, an dat ass ganz wichtig, muss reegelméisseg och evaluéiert ginn. Mir mussen séier mierken, wa bestëmmte Moossnamen net dee gewënschten Effekt hunn an dann esou fréi wéi méiglech no neie Léisunge sichen, wann et Problemer gëtt.

Et ass awer leider net esou, dass dat, wat vill kascht, onbedéngt och vill bréngt. Et geet der LSAP awer net nëmmen dorëms ze bewäerten, ob déi jee-weileg Measure CO<sub>2</sub> aspuert, mee och, dass mer den Impakt op d'Leit am A behalen.

Mir sollten eis näischt virmaachen: Eng konsequent Ëmsetzung vun de Klimaschutzmesuren, déi wäert eis eppes kaschten. D'Bierger wäerten dat ze spiere kréien. Als LSAP fille mer eis verflucht - mir fillen eis als LSAP wierklech verflucht! -, derfir ze suergen, dass nei Belaaschtungen net, wéi esou oft, um Bockel vun deenen Äermsten gedroe ginn. Als Beispill wéilt ech hei d'CO<sub>2</sub>-Steier nennen. Dat ass eng Präiserhéijung op fossil Energieträger, déi politesch gewollt ass an déi soll hëllef, d'Investissementer fir eng energiegetest Transitioun géigenzefinanzéieren. Dozou sti mer!

Fir d'LSAP ass a bleift esou eng Measure nëmmen akzeptabel, wann e weesentlechen Deel vun där zousätzlecher Einnam och sozial ausgeglach gëtt. Grad déi Haushalter zu Lëtzebuerg, déi manner Akommes hunn, wunne jo och grad a manner gutt isolierten Haiser, eventuell als Locataire, op Plazen, déi manner gutt un den ëffentlechen Transport ugebonne sinn, déi hu méi en alen Auto, dee Bensinn oder Diesel fiert. Engersäits muss ee fir dës Leit finanziell Hëllef an Berodung ginn, fir dass si besser Méiglechkeeten hunn, Energie ze spueren, mee mir mussen awer och de finanziellen Ausglach fir si virgesinn, déi, trotz Subsidien, sech et net leeschte kënnen, an eng nei Heizung oder besser Isolatioun ze investéieren.

An dat géllt an den Ae vun der LSAP net nëmme fir d'CO<sub>2</sub>-Steier, mee fir all Mesuren, déi riskéieren, d'Leit iwwerproportional ze belaaschten, déi kee Choix hunn, fir méi klimafreundlech Alternativen ze notzen. Och dat ass fir eis e wichteg Element, fir dass eist Fundament vu sozialer Gerechtegkeet net ugegraff gëtt.

Hei denken ech och nach, dass, wa mer eis Ziler wëllen anhalen, da mussen mir och opmierksam op d'Präisentwécklung vum Bensinn a vum Diesel an eisen Nopeschlänner sinn. Natierlech mussen sech Residente weider kënnen Bensinn an Diesel leeschen, mee et dierf net sinn, dass Lëtzebuerg weiderhin eng Zort, jo, vu grousser Tankstell fir all Zort vu Schwéiertransport bleift. Dat ass keng gutt Situation.

Well d'Situatioun vun de Leit hei zu Lëtzebuerg esou ënnerschiddlech ass, leent d'LSAP och generell eng Politik of, wou d'Leit Contrainten operluecht

kréien, déi si net oder nëmme ganz schwéier kënnen erfëllen. Et gëtt eng Onmass un Aspekter an eisem Liewen, déi en Impakt op eis Emissiounen hunn. Et ass ganz einfach fir deen Eenzelnen net ëmmer méiglech alles ze änneren. Dofir muss jiddweree fir sech kënnen decidéieren, wéi eng Verännerungen a senger Situatioun am meeschte Sënn maachen.

Een, deen als Locataire an enger Copropriétéit wunnt, dee ka säin Appartement net energiegesch sanéieren, ass awer vläicht bereet, den ëffentlechen Transport amplatze de Privatauto ze benotzen. Een, dee vun der Aarbecht aus kräiz a quier duerch d'Land muss fieren, ass op den Auto ugewisen, huet awer vläicht d'Méiglechkeet, eng Fotovoltaikanlag op sengem Daach ze installéieren.

Eng Verbuets- a Sanktiounspolitik huet donieft den Nodeel, dass vill Leit schonns aus Prinzip eng ofleend Haltung huelen - dat gesi mer jo och an engem aneren Dossier haut oder e Méindeg -, well si sech net gären eppes vun uewen erof virschreiwe loos-sen. Strikt Restriktiounen sinn an den Ae vun der LSAP nëmmen do ze rechtfertegen, wou et och eng rasonabel Alternativ fir d'Leit gëtt. An den nächste Méindeg hu mer eng rasonabel Alternativ.

Mir liewen, zum Gléck, an enger Demokratie, an dat bedeit, dass een d'Bierger mat Argumenter iwwerzege muss. Mir mussen also all d'Mesuren, déi d'Leit méi Sue kaschten oder déi hire Choix aschränken, esou erklären, dass si bei enger grousser Majoritéit Akzeptanz fannen. Dat geet leider net ëmmer esou séier, mee et hält d'Regierung an natierlech och d'Chamber an d'Verantwortung, fir hir Decisiounen ze rechtfertegen an dann, gegeebene-falls, ze iwwerdenken, wann net dat erwaartend Resultat erauskënn.

Iwwerzeegungsarbecht fir méi preventiv Moossnamen ass ëmmer schwier, wann d'Leit d'Konsequenzen nach net kennen oder nach net kennen erkennen, falls net gehandelt gëtt. Am Kampf géint de Klimawandel si mer entre-temps iwwert déi doten Etapp eraus. D'Klimaverännerungen si mooss- a spierbar, an déi méi heftig an déi méi heefeg Naturkatastrophe fiere jidderengem virun Aen, wat eis warscheinlech an der Zukunft bevirsteet. An eng ganz Rei vu Lëtzeburger hunn dat an deene leschte Méint kënnen ganz no erliewen. An déi haten et net schéin. Duerfir, ze realiséieren, dass Handlungsbedarf besteet, ass - nieft den Naturkatastrophen, déi virkommen -, awer sécherlech och e Meritt vun eise Jonken, déi mat de Fridays for Future eng nei Dynamik erabruucht hunn a sécherlech och - an ech wëll dat eng Kéier hei ënnersträichen - vun engem jonke Meedchen aus Schweden, wat allze dacks belächelt gëtt, vun deem sech der awer vill kënnen eng Scheif ofschneiden.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Leider heescht dat och, dass mer gläichzäitig ëmmer méi Krise wäerte musse geréieren. Mir mussen engersäits Schutzmoossname finanzéieren, fir de Schued vun Iwwerschemmungen an esou weider a Grenzen ze halen. Mir wäerte méi oft mussen investéieren, fir Infrastrukturen, déi duerch d'Naturkatastrophen zerstéiert goufen, erëm opzebauen, an natierlech och deene Leit ënner d'Äerm gräifen, déi en héije Schued hunn, dee vun der Versécherung net ofgedeckt ka ginn.

Am Resümee kann ech soen, dass d'LSAP zu deenen Zilsetzungen am Klima- an Ëmweltschutz steet, déi sech d'Regierung gesat huet. Mir begrëissen et, dass eng kloer Strategie a chiffriert Reduktiounsziler pro Secteur virleien an dass am Budget déi nächst Jore grouss Efforte gemaach ginn, mat engem Maximum vun 975 Milliounen fir d'Joer 2024, wat enorm vill Sue sinn. D'Prioritéit muss elo op der Ëmsetzung vun deene Mesuren um Terrain leien, an dobäi mussen mir pragmatisch virgoen a mir mussen bereet sinn, Adaptatiounen do ze maachen, wou et néideg ass, wann ee feststellt, dass eng Iddi, déi um Pabeier gutt ausgesinn huet, an der Praxis net dat gewënschte Resultat huet.

Fir d'LSAP ass et besonnesch wichtig, dass zousätzlech Belaaschtungen a Contrainten déi d'Leit, déi elo schonns a prekäre Verhältnissen liewen, net nach méi an d'Aarmut driewen. Bei all Measure muss gekuckt ginn, wat de sozialen Impakt dovunner ass. Nëmmen esou kënnen mir déi ganz Bevëlkerung mat op de Wee vun der Transitioun kréien. Eng Transitioun, déi schonns richteg amgaangen ass, an ech mengen, dass d'Bewosstsinn fir déi Transitioun nach ni esou grouss war wéi am Moment. Fir hei nëmmen ee Beispill ze erwänen: Kuckt lech emol d'Gewinnechte vun de Leit un aus de leschte Méint. Et gi vill méi lokal a regional Produite privilegiéiert. Dëst huet souwuel en direkten Impakt op eis Ëmwelt wéi op eis Ekonomie. An dëst muss no der Kris och esou bleiwen. Mir dierfen net zouloossen, no der Kris erëm direkt an de Rhythmus un an déi Mentalitéit an an déi Aart a Weis ze kommen, wéi mer se virun der Kris haten. Kommt, mir profitéieren vun deene gudde Saachen, déi mer duerch d'Kris geléiert hunn!

D'Prioritéit ass a bleift fir d'LSAP déi sozial Gerechtegkeet, déi och am Kontext vun der Klimaveränner-





rung muss spillen. Energie, Liewensmëttel an aner existenziell Gidder riskéieren, ëmmer méi deier ze ginn. Émsou méi wichteg wäert et sinn, derfir ze suergen, dass Leit mat klengem a mëtlerem Akommes net déi Leidtragend vun der Entwécklung sinn. An d'Solidaritéit an eiser Gesellschaft wäert an de kommende Joren dofir méi wichteg gi wéi jee. Dofir mussen mer dat Fundament weiderhi flee-gen.

Mee et gëtt ee Beräich, wou et warscheinlech am meeschte bréckelt. An et ass scho virduerlech am ugeschwat ginn, dat ass mäi fënneft Thema: de Logement.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Logementsmarché befënnt sech an enger grousser Kris. De Logementsmarché ass d'ailleurs dat beschte Beispill, wat beleet, dass de Maart eeben aleng net alles reegele kann. Mir brauchen de Staat als staarken Acteur, an dat ass quasi op sämtleche Marchéen esou.

Ma och wann iwwert déi lescht Joren a Joerzénge probéiert ginn ass, op d'Demande anzewierken - de Leit sollt gehollef ginn, sech eng Offer kënnen ze leeschten -, muss een agesinn, dass dës Politik leider echouéiert ass. Eise Marché ass nämlech net nëmme liicht aus dem Gläichgewiicht, mee en ass komplett aus dem Gläichgewiicht.

Enger rezenter Etüd vum LISER no gehéiert ronn 0,1 % vun der Populatioun d'Hallschent vum Bauland hei zu Lëtzebuerg; 0,1 % vun der Populatioun sinn a Besëtz vun der Hallschent vu bebaubaren Terrainen.

An den Ae vun der LSAP ass dës awer eng zimmlech pervers Situatioun, déi et am Moment ëmmer manner Leit erlaabt, sech nach en Terrain, spréchen an Daach iwwert dem Kapp leeschten ze kënnen, an à court oder à moyen terme zu enger kompletter Spléckung vun eiser Gesellschaft ze féieren drot, voire dass et keng fräi Entscheedung méi wäert sinn, ob d'Leit dës oder déi Säit der Grenz wunne ginn. Dës ass jo schon am Moment de Fall. Dat gëllt et, mat alle Kräfte ze verhënneren. Mir müssen de Logementsproblem net muer, mee elo an de Grëff kréien, fir dass sech eis Geréng- an Normalverdänger, eis Mëttelschicht, a virun allem och eis Kanner och muer nach e sécher Doheim hei zu Lëtzebuerg kënnen leeschten.

Duerfir brauche mer och méi radikal Moossnamen. Virun allem mussen mer vun der Demandepolitik eriwier op eng Offerpolitik goen. Den Hiewel muss bei der Offer ugesat ginn. An deem Kontext begréisst d'LSAP ganz kloer d'Annonce vum Premierminister vu gëschter vun enger Spekulationssteuer op eidele Wunnengen an och broochleiden Terrainen.

„Wunneng“, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat kënnt vu „wunnen“. Fir eis als LSAP ass et ganz kloer, dass eng Wunneng, en Doheim, en Daach iwwert dem Kapp fir Mënschen ass, an net e Finanzproduit, wou een iwwerschësseg Kapital ka lagere oder vermehren. D'Wunne muss fir d'Leit sinn; d'Wunnen, do muss een doheim kënnen sinn an et dierf keng Anlag fir Sue sinn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Op gewëssene Punkte kann ee bestëmmt iwwert d'Bauperimetererweidung nodenken, ma aktuell sinn nach eng ronn 2.800 Hektar Bauland zu Lëtzebuerg disponibel, dovunner 1/3 sougenannt Baulücken. Ech mengen, dass grad hei op dësen dach knapp nach 1.000 Hektar fir d'éischt muss gebaut ginn an duerfir de Wee, deem d'Taina Bofferdung elo als Inneministesch mam Henri Kox geet, deen eenzeg richtegen ass. D'Spekulationssteuer, souwéi d'Reform vun der Grondsteuer, déi aus där doter Fieder wäert kommen, wäerten hei den Drock op déi leeën, déi hiren Terrain, aus net ëmmer ganz nobele Grënn, zrëckhalen. „Steier“ kënnt vu „steieren“, a grad dat ass jo d'Aufgab vun der Politik: d'Gesetzer esou ze steieren, dass se an déi richteg Richtung lafen.

Déi Spekulationssteuer, ass dat elo d'Allheilmittel? Nee, mat Sécherheet net. Mir befannen eis hei an esou enger déiwier Kris, dass eng Schrauf aleng dee ganze Moteur net erëm wäert an d'Lafe bréngen. Si ass awer eng ganz wichteg Schrauf am Handwerkskoffer vun der LSAP-Inneministesch.

Ech wëll lech drun erënneren, dass nämlech och de Projet de loi zu de Baulandverträge nach um Instanzeweise ënnerwee ass. An déi zwou Mesuren, déi wäerten dofir suergen, dass engersäits Leit iwwert de finanzielle Wee dozou beweegt ginn hir Terrainen ze viabiliséieren. Maache se dat net, da mussen se der Allgemengheet e gewëssene Montant zeguttkomme loosse. An anerersäits gi kloer De-laie festgehalen, bis weini een en Terrain bebaue muss; spëtstens zwielef Joer no der Erschleissung soll et jo hei esou wäit sinn.

Et sinn also net just eenzel Schrauwen, déi een huet, mee et ass u sech e ganz Zännrad, wat mer hei amgang sinn opzebauen.

Béid Projekte sinn zwar nach Zukunftsmusek. Mee och am Pacte Logement, ech géif et gär als Kär

stéck vun deem Gesetz bezeichnen, ass kloer d'Stëmm vun der LSAP ze héieren, dat am Artikel 29. Jo, et hätt ee sech hei nach aner Prozentsätz kënnen virstellen, och grad als Sozialist. Mee als Sozialist mat enger Vergaangenheet an enger Gemeng kann ech lech soen, wat dat fir eng Verännerung duerstellt, dass d'Gemengen an Zukunft Terraine fir abordable Wunraum fir näischt wäerte kréien.

Jo, mir kréien deen als Gemenge gratis! Dat ass awer e Paradigmewissel an dat ass e grouss Schratt no vir. An do missten dach d'Kolleeginnen a Kolleegen heibanne mat Verantwortung a Gemengen, notament och déi vum Syvicol, zoustëmmen, wéi dat och bei de Gemegefinanzen de Gemengen zeguttkomm ass, dass een dat als eng positiv Saach gesäit. En plus ginn d'Prozentsätz u Wunraum, deen un déi öffentlech Hand wäert goen, deen also muss abordable ginn, an d'Luucht, an déi bleiwen och nach an der Hand vun der Öffentlecheit. Dat ass eng Garantie, dass se an der Hand vun de Gemengen a vum Staat bleiwen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, deen Tatendrang, dee verdéngt Respekt, mee virun allem awer och Ënnerstützung. An an deem Dossier vum Logement ass déi sougenannte „Politique politicienne“ einfach net méi ubrecht. Jo, dee fréiere Premier Juncker huet viru Joren de Logement zur Chef-saach erkläert. Jo, de Premier Bettel huet erkläert, et géif een alles maachen, fir dass jonk Stéit net permanent mam Logementsproblem konfrontéiert géife ginn. An d'Präisspiral, déi gouf awer net gebremst. An dat net nëmme hei zu Lëtzebuerg, mee quasi iwwerall an Europa.

Mee, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, do-runner änneren mer haut elo net méi ganz vill. Wat mir als LSAP wëllen als Zukunftsgestaltung ugoen - an ab haut wëlle mir alles dofir an d'Weeër leeden -, dat ass, dass mer de Logementsproblem muer gebremst an iwwermuer beschtefalls geléist kréien. Mee dofir brauche mer heibannen alleguer d'Acteuren an och dobausse brauche mer alleguer d'Acteuren, déi öffentlech wéi déi privat. Mir brauchen e gréisstméigleche politesche Konsens. Hei wënnt keen eng Banann, wann e sech géint deen anere stellt. Hei brauche mer dee gréisstméigleche politesche Konsens, fir esou séier wéi méiglech weiderzekommen.

Mir kënnen gären doriwwer streiden, wie wéi ee Komma a wéi engem Gesetz geännert huet an ënner wiem d'Präisser ëm x an ëm y Prozent an d'Luucht gaange sinn - de Leit dobaussen ass dat bei der Sich no enger Wunneng zimmlech egal. Si erwaarde sech Léisunge vun der Politik. An déi solle mer esou séier wéi méiglech, iwwer all Parteigrenzen heibannen, fannen.

Bei där ganzer Krisensituatioun dierfe mer awer och d'Bauen net aus den Ae verléieren. D'Fro dierf nämlech net nëmme sinn, wéi vill gebaut gëtt, mee och ënner wéi enge Konditiounen a mat wéi enge Materialien, a wéi enger Form a mat wéi engem Plang. D'Klima ugeschwat, fällt och eng grouss Verantwortung op de Logement, engersäits wat de Bau selwer ugeet, anerersäits wat d'Haus herno fir en Energie-Bilan huet. Smart Building a Smart Living sinn zwee Theemekomplexer, deene mer eis sollen unhuelen - net nëmme aus Klimasiicht, mee och wat beispillsweis d'Liewensqualitéit fir eis eeler oder behënnert Matbirger ugeet.

D'Salariéen um Bau müssen uerdentlech geschützt, beschäftigt a bezuelt ginn. An d'Héicht bauen dierf och keen Tabu sinn. A mir müssen och kucken, dass mer kloer Ulafstelle kréien, un déi d'Leit sech kënnen wenden, wa se eppes wëlle bauen.

Här President, d'Grondsteuer geet op 1941 zrëck. 1941 - wann ech esou an de Sall kucken -, war heibannen nach kee gebuer. Ech géif mol mengen. Duerfir gouf et héich Zäit, dass sech dës elo méi intensiv ugeholl ginn ass an dass déi Reform och elo ugepaakt gëtt. En anert Joer - do mengen ech, kéinten der sinn, eventuell, heibannen, déi schon do waren -, dat war 1955. Jo, säit 1955 ass d'Reegel vun de 5 % vum Capital investi schon en vi-gueur, déi een als Loyer froe kann. Kommt, allez, wa mer éierlech sinn: d'Paen, wéi déi säit 1955 evoluéiert hunn, an da kucke mer, wéi d'Immobiliepräisser hei explodéiert sinn, do muss ee sech awer dann d'Fro stellen iwwert déi 5 % vum Capital investi, ob dat wierklech nach ëmmer richteg ass.

Richteg, jo, ech si beim Projet de loi zum Bail à loyer ukomm. E gutt Gesetz, wat der Logements-situatioun vum 21. Joerhonnert Rechnung dréit. Ech denken hei beispillsweis un d'Colocatioun, déi gestärkt a verankert gëtt. Mee Dir mierkt, déi 5 %-Reegel mécht mir dach Suergen. An ech mengen, dass mer eis där, grad wéi och der Opdeelung iwwert d'Frais d'agence, nach eng kéier missten unhuelen.

Den Hiewel, ech hunn et virduer gesot, muss ganz kloer bei der Offer ugesat ginn. Als LSAP si mer der fester Iwwerzeugung, dass hei méi ze maachen ass wéi opsäite vun der Demande. Well all déi Mesuren awer net direkt, net vun haut op muer, 1:1 gräife wäerten, muss een och weider un der Demande dru bleiwen - dat gëllt souwuel positiv wéi och negativ.

Positiv muss ee weider déi ënnerstëtzen, déi, weinst der aktueller verfuereener Situatioun, op d'Ënnerstützung vum Staat, beispillsweis iwwer d'Subvention loyer oder soss Aides au logement, uge-wise sinn. Eng wäitreechend Reform schéngt mer do ubrecht.

An negativ muss een awer och déi Demande brem-sen, déi eeben net no engem Doheim, mee no engem Finanzproduit sicht. An ech schwätzen hei och iwwert den Amortissement accéléré. Dee gouf jo am leschten État, oder am leschte Budget vu 6 % op 5 % respektiv 4 % erofgesat. An d'LSAP wëllt sech hei och kloer nach eng kéier dofir asetzen, dass een deen nach weider kann erofsetze respektiv och ganz kann ofschafen. Wa mir eppes mat Sécher-heet am Joer 2021 net méi brauchen, da sinn et Ou-tilen, déi d'Allgemengheet Sue kaschten an den In-vest an d'Logementsspekulatioun féieren. Well och dat sinn Attacke géint eist gesellschaftlecht Fundament u sozialer Gerechtegkeet.

Enger Question parlementaire vum Yves Cruchten no, déi ech gesinn hunn, huet de Minister gesot, dass eis duerch deen Amortissement accéléré all Joer 50 Milliounen am Staatsbudget géifen duerch d'Lappe goen. Ma domadder kéint ee scho ganz ville Familles monoparentales hëllefen.

En aneren Outil fir d'Demande, jo, eng reng spekula-tiv Demande anzedammen, dat wär dann eng „Lex Koller“. Jo, ech si frou, dass déi LSAP-Iddi och bei der CSV ukomm ass. Fir direkt op dës Kritik awer ze reagieren: Nee, mir hu verschidde Motiounen zu deem Sujet hei net matgedroen, well mir och an enger Koalitioun sinn. An an enger Koalitioun muss een zu dräi diskutieren. An da muss een dat aus-diskutieren.

(**Interruption**)

Dat ass esou. Dat ass esou, dat muss ee maachen.

(**Interruption**)

Mir als LSAP ... Dat ass esou! Dat ass och richteg esou, well an enger Koalitioun do schafft een ze-summen an do müssen déi dräi Partner sech och eens sinn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. François Benoy (déi gréng).** - Et ass méi flott, an der Koalitioun ze sinn.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Et ass méi flott, an der Koalitioun ze si wéi an der Opposition, dat ass ganz richteg.

■ **Une voix.** - A!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll, dass den État de la nation ...

■ **Mme Octavie Modert (CSV).** - Wëllt Dir d'LSAP dann an d'Opposition schécken, Här Benoy?

(**Brouhaha et hilarité**)

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Ech wëll, dass den État de la nation den État de la nation bleift an net an deenen nächste Joren zum État du logement gëtt. Kréie mir dës Problem nämlech net an de Grëff, da wäerten déi ganz Politikfelder sech do ronderëm dréien: Eis Sozialleeschunge wäerte beanträchtegt ginn, well den Aarmutsrisiko ëmmer weider zouhëlt an eis Wirtschaft wäert leiden, well d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg ofhuele wäert, ganz einfach, well keen normale Salaré sech en Doheim zu Lëtzebuerg, am Grand-Duché, méi wäert kënnen leeschten.

Jo, all dat gëllt et ze verhënneren, well mir wëllen, dass och an Zukunft nach Leit hei zu Lëtzebuerg e sécheren Daach iwwert dem Kapp hunn a sech dat vun hirer Aarbecht a vun hirem Loun och kënnen leeschten.

Dir Dammen an Dir Hären, wie „Loun“ seet, seet och „Steieren“. Dat bréngt mech zu mengem leschte Punkt: Jo, Steieren, Dir Dammen an Dir Hären, si kee Selbstzweck; Steiere sinn awer en onverzicht-baart Mëttel zum Zweck, wann een eng demokra-tesch Gesellschaft wëllt opbauen, déi solidaresch ass an déi eenzelnen opfänke kann, wann et néideg ass.

Sécher ass, dass d'Pandemie e Lach an eis Staats-finance bruecht huet. Virun allem fir Mesuren am Beräich vun der Aarbechtspolitik hu mir an deene leschten 19 Méint e groussen Effort an der Solidari-téit gemaach, an deen ass och absolut richteg esou. Sécher ass awer och, dass de Schéiereffekt fir dës Budgetsjoer erëm an déi richteg Richtung weist: D'Recetten am Zentralstaat sinn ëm 20 % par rapport zum Virjoer eropgaangen. Gläichzäiteg sinn d'Depensen an deene leschten aacht Méint ëm minus 2,3 % zrëckgaangen. Ënnert dem Stréch hu mir an deene leschten aacht Méint just nach en zaarten Defizit vun 124 Milliounen gehat. Dës Joer gi mer mat enger Projektion vun enger zolitter Croissance vu 6 % aus. Dat ass ëmsou méi erfreu-lech, well Lëtzebuerg, am Géigesaz zu der Eurozon, d'lescht Joer mat -1,8 % nëmme eng relativ kleng Dell an der Konjunktur erlieft huet. An der Eurozon war den Abroch vill méi grouss: bei minus 6,5 % vum PIB.

Als LSAP si mer natierlech frou iwwert dës besser Perspektiven a felicitéieren der Regierung, déi hir Hausaufgaben hei gemaach huet. Als LSAP si mer der Meinung, dass mir net onbedéngt musse méi Steuerrecetten erabrénge, well d'Staatsfinanzen ëmmer méi, lues a lues, an de grénge Beräich kom-men, mee mir sinn awer der Meinung, dass ee fir méi Steiergerechtegkeet muss suergen, ouni déi global Steuerlaascht eropzesetzen.

An ech wëll hei just ee Saz soen iwwert déi scho virduerlech ugeschwate Coronasteier: Jo, mir stinn nach ëmmer zu enger méi gerechter Verdeelung vun den Einnamen, déi verschiddener haten. An déi Einnamen, déi sollen derzou dëngen, fir deenen, déi et méi schwéier haten, och deen Ausgläich ze ginn, dee se brauchen, well se eebe méi eng schwéier Si-tuatioun haten. A mir wäerten och dozou nach méi e globale Pabeier presentéieren.

Als Sozialisten ass et eis schonn ëmmer e wichteg Uleies gewiescht, dass mer e besseren Equilibre téschent der Besteuerung vu Kapital an Aarbecht ustriewe mussen. Mat der Besteuerung vu Revenuen aus Immobilien dann, déi e FIS oder en anert Invest-mentvehikel erausgezunn huet, hu mir do deen éischte Schrëtt am Budgetgesetz vum leschte Joer gemaach. An dat ass och richteg esou.

Mir sinn awer der Meinung, dass een och muss e bësse méi wäit hei denken: Dividenen, Plus-valuen aus Aktien an Titren, do si mer der Meinung, dass déi och misste méi besteiert ginn. Och bei de Familles monoparentales gëtt et sécherlech Loft no uewen: Wann een dem Statec seng Zuele kennt, da kënnt een net laanscht d'Konklusioun, dass de Ris-que de pauvreté hei besonnesch grouss ass. An ech hu virduer gesot: Mat deene 50 Milliounen vum Amortissement accéléré kéint een hei bestëmmt ganz vill hëllefen. Dat si fir eis wichteg Mesuren, déi eis et erlabe wäerten, eist Fundament u sozialer Gerechtegkeet weider ze stäerken.

Wa mer scho keng Steuerreform bis 2023 maache kënnen, hu mer eis agesat fir konkret Moossna-men, déi de Premier a Saache Familljepolitik och annoncéiert huet, nämlech fir ënner anerem och der Précarité énergétique entgéintzewierken, dass d'Al-location de vie chère ëm 200 Euro pro Stot erhéicht gëtt. Dat kënnen mer just begreissen. A Frankräich gëtt et 100 Euro fir ronn 6 Milliounen Menagen. Da leie mer hei mat eisen 200 Euro sécherlech net schlecht.

Déi Allocation de vie chère war d'lescht Joer eréischt ëm 10 % an d'Luucht gesat ginn. Mee och hei hate mer eng Suggestioun: D'Barëmen, fir iwwerhaupt an de Genoss vun der Hëllef ze kommen, déi sinn eiser Meinung no zimmlech niddreg. Duer-fir si mer der Meinung, dass ee sech mat der Hausse vun der Allocation de vie chère och misst Gedanke maachen, fir déi Barëmen do an d'Luucht ze setzen. Dat géif et méi Leit erméiglechen, déi et wierklech néideg hunn, an de Genoss vun dësen Hëlfele ze kommen. Aktuell hu eng Persoun d'Allocation de vie chère zegutt, wa se - a lauschtert gutt no! - e Bruttorevenu huet, dee manner héich ass wéi ronn 2.200 Euro de Mount. Dat ass net ganz vill!

■ **Une voix.** - Dat ass net, datt de Mindestloun ...

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dat ass net ganz vill! Jo, ech hu gesot „ronn“.

■ **Une voix.** - Dat ass ënnert dem Mindestloun!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo. Fir e Stot vu véier Persounen läit déi Limitt bei 4.628 Euro brutto. An do muss nach Sputt no uewe sinn.

Mir begreissen och d'Politik vun de Saachleesch-tungen. Esou fanne mir et nëmme méi richteg, dass d'lessen an de Kantine fir Kanner, déi aus Fa-millje kommen, deenen et finanziell net esou gutt geet, soll gratis sinn. Dat wäert dës Famillje ganz sécher entlaaschten. An hei muss een och kucken, wou dee Plaffong gesat gëtt, fir dass och esou vill wéi méiglech Leit dovunner kënnen profitéieren.

E ganz grouss Schratt wäert och d'Aféierung vun der gratis Kannerbetreuung an de Maison-relais während de Schoulwoche sinn. Dat doten ass eng Mesure, déi geziilt de Budget vun der Famill wäert entlaaschten. Dat ass eng ganz gutt Saach, déi mir absolut mat ënnerstëtzen.

Do zielt och selbstverständlech d'Aféiere vum gra-tis Musekunterrecht derzou, dee jo scho méi laang am Gespréich ass. Dat wäert et hoffentlech och Jonken aus méi schwaache soziale Milieuen er-méiglechen, en Instrument ze léieren an esou hof-fentlech och de Wee an e Musekveräin oder eng Harmonie ze fannen. Dir wësst, mäin Häerz als Hobbymuseker schwätzt do ganz staark mat.

Allerdéngs muss ee sech hei och bewosst sinn, dass duerch dës Mesur vläicht nach méi Elteren hir Kanner an eng Maison relais oder eng Kantine oder e Musekunterrecht aschreien. An dat wäert dann erëm zrëck op d'Gemenge falen, déi elo schonn heiansdo Schwierigkeeten hunn, fir genuch Plazen an de Maison-relais ze offéieren. Deemo ass de Staat och hei gefuerdert, seng In-vestitiounen a seng Subsidien am Beräich vun der





Kannerbetreierung sécherlech net ze verklengeren, mee souguer nach ze vergréisseren. Och dofir setze mer eis als LSAP an.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Eng aner Iwwerleeung: Am Zesummenhang mat de Saachleeschtinge wéilt ech nach hei soen, dass et kloer hiert Zil ass, d'Familien ze entlaaschten an esou och géint d'Aarmut virzegoen. An dat ass och gutt esou! Mee wa mer dann hei am Land, an dat ass jo och hei an der Chamber des Éfteren de Fall, iwwert den Taux de pauvreté schwätzen, da gëtt dee jo haapt-sächlech opgrond vum Akommes gemooss. An duerfir d'Fro, oder besser d'Fuerderung, ob een net kann eng Methodologie entwéckelen, déi méi staark och déi Saachleeschtinge berécksiichtegt, déi awer elo, an zemoos nach eng Kéier an deem Budget, ganz, ganz staark sinn. Well eng gratis Kannerbetreierung, dat ass jo och kee kleng Posten an engem Familljebudget. Dat ass eng Iwwerleeung, déi ech awer wéilt mat op de Wee ginn. Well dat mécht eis Bilanz vun der Aarmut ..., warscheinlech gëtt déi anescht, wann een déi Saachleeschtinge matarechent, wéi wann een nëmmen op dat Pekuniäert kuckt.

Vun der Aarmut kommen ech dann op d'Reindexéierung vum Kannergeld. Dat ass eng laang Fuerderung vun der LSAP. Dat fanne mer ganz gutt an dat ënnerstëtze mer natierlech och. An dass déi och vun Oktober u matberécksiichtegt gëtt, ass ganz richtig.

Wéi scho gesot, si mer net onbedéngt der Meenung, dass mir méi Steierrecettë brauchen. Mee zu eiser Iddi vun der Verdeelung vum Rächtmu stü mir nach ëmmer. Well keng global Steierreform kënn an et der LSAP awer wichteg ass, dass de Gruef tëschent Aarbecht a Kapital nees méi no beienee kënn, wäerte mer dann, am Kader vun der Debat iwwert d'Justice fiscale, e Konzept presentéieren, wat geziilt d'sozial Gerechtegkeet wäert förderen.

Ech kommen zum Schluss. Dir Dammen an Dir Hären, dëst Joer rechne mer mat enger zolitter Reprise vu plus 6 %. Eis Wirtschaft erhëlt sech, mee et sollt een d'Kris net ver-, ... et sollt een, ...

(Brouhaha)

■ **Une voix.** - Wien huet dat geschriwwen?

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Ech!

(Brouhaha)

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Sang et einfach!

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Et sollt een d'Kris net vergiessen an d'Léieren aus dëser Kris zéien. Esou ass et.

■ **Une voix.** - A!

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Hei wäert sécherlech de Plang „Ons Wirtschaft vu muer“, deem déi Lëtzebuerger Ekonomie bis 2025 soll ënnerstëtzen, seng Fruchten droen. Defie gëtt et der awer genuch. Den Trend weist drop hin, dass vill Aarbechtsplazen, och an der Industrie, ëmmer méi hightech ginn. Gläichzäitg gëtt et awer och nach vill Besoinen am Handwierk. Hei mussen mer sécherstellen, dass et keen Ënnerscheid gëtt tëschent deem, wat mer enseignéieren a valoriséieren an deem, wat mer an der reeller Ekonomie och brauchen. Mir müssen endlech ophalen, just den Enseignement classique - ech hunn et virdu gesot - als solchen ze valoriséieren an d'Méiglechkeete méi kloer weisen, déi sech am Handwierk oder an der Industrie erginn. Deemno ass bei der Formatioun wuel nach Sputt no uenen, ech hunn et virdu scho gesot.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt, et si konkret Iddien, déi mir hei proposéieren. A se zéien all an eng an déi selwecht Richtung: Dat Fundament u sozialer Gerechtegkeet, dat mir hunn, dat awer leider nach net ëmmer iwwerall duergeet, wëlle mer weider festegen. Ech hat et schonns am Ufank gesot: Dës Kris huet gewisen, wéi wichteg et war, op dat Fundament opbauen ze kënnen. Dat hu mir an de Beräicher Santé an Aarbecht mam Chômage partiel gemaach. Mee mir dierfen eis net op dës Lorbeeren ausrouen.

Aus deenen aneren Theemen, déi ech ugeschwat hunn, hutt Dir eraushéieren: Mir brauchen nach vill, mir brauchen nach ganz vill Bëton, fir dat Fundament nach méi stabil ze maachen - sief et an der Educatioun, am Logement, an der Klimapolitik oder bei de Steieren.

2021 wäert als Krisejoer an d'Geschicht agoen. Et ass un eis ze handeln, fir dass 2022 als Joer vun de Chancen an Erënnerung bleift. Mir si bereet dofir.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och dem Här Engel. An nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Josée Lorsché a si ass scho prett. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech men-

gen, mer sinn eis eens, eis parlamentaresch Ren-trée ass dëst Joer e bësse méi speziell.

(*Mme Djuna Bernard prend la présidence.*)

Engersäits well mer direkt mat zwee ganz wichtige a relevante Sujeten ze dinn hunn an domat duerchstarten an enger Woch: d'Debatt iwwert d'Lag vun der Nation an an engems den Depot vum Budget, eigentlech zwee ganz wichteg Momenter an engem Chamberjoer.

Anerersäits awer och, well mer eis erëm an eiser gewinnter Pleniëre zesummefannen um Krautmaart, wou d'Distanz tëscht den Deputéierte méi kleng ginn ass, jiddefalls physesch - ech mengen dat vläicht elo net onbedéngt politesch - a wou mir mat Still verwinnt gi sinn, fir déi mer Merci soen, well ee besser aus deenen erauskënn wéi aus den ale Fotellen.

(*Hilarité*)

Mir hunn also net nëmmen an der Gesellschaft, mee och an der Chamber nees méi Normalitéit erreecht, wat awer net heescht, dass d'Pandemie aus der politescher Aktualitéit verschwonne ass. Spéitstens den nächste Méinden, et ass scho gesot ginn, wäert dat neit Covidgesetz op dëser Plaz diskutéiert ginn, an der Hoffnung allerdéngs, dass mir gläich kee Covidgesetz méi brauchen, wat bei engem Impftaux vun ongeféier 85 % méiglech dierft sinn. Dat wiere 85 % vun de Biergerinnen a Bierger, déi fir 100 % vun der Gesellschaft d'Verantwortung iwwerhuelen, wann der 85 % sech impfe loosse. Et ass op alle Fall eis Hoffnung an et muss d'Zil vun eis all sinn, dass mer kee Covidgesetz méi brauchen.

Datt de politeschen Debat sech an den nächste Wochen a Méint allerdéngs net nëmmen op d'Pandemie wäert limitéieren, mee wäit doriwwer erausgeet, gesäit ee schonn eleng um Rôle des affaires, wéi en heescht, dee mëttlerweile aus allen Néit platzt - jiddweree gesäit en um Internet, och d'Leit dobaussen - an eng ganz Panoplie vu Beräicher ofdeckt, ënner anerem och de breetgefächerte Sektour vun der Santé, wou virdu schonn drop agaange ginn ass, a wou eng ganz Rei vun Debatten an Zukunft ustinn, wou ech direkt wéilt soen, dass ech haut net am Detail drop aginn, mee dass mer eis als Gréng awer schonn amgaange sinn ze preparéieren an eis op déi Debatte freeën a se och ganz wichteg fannen. No der Pandemie muss e Bilan gezu ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, aner wichteg Sujeten hatten och am Premier senger Ried Prioritéit. Dat war natierlech un éischter Stell gëschter de Klima- an Ëmweltschutz, d'Logementskris an déi sozial Ongläichheeten am breede Sënn, dräi Beräicher also, déi scho virun der Pandemie mat enger Kris konfrontéiert waren. An et sinn déi Beräicher, wou ech méi am Detail wëll drop agoen.

D'Pandemie huet d'Situatioun alles anescht wéi verbessert, och wa mir d'Klimaziler d'lescht Joer konnten erreechen, well vill klimaschiedlech Aktivitéiten noutgedrongen zrëckgeschrafft gi sinn, virun allem och am Beräich vun der Mobilitéit. Datt d'Eroffueren, Dir Dammen an Dir Hären, vun der Ekonomie an d'Aschränke vun de gesellschaftlechen, kulturellen a sportlechen Aktivitéiten allerdéngs net d'Leisung ka sinn, fir de Klimawandel ze stoppen, läit wuel op der Hand. Villméi mussen mir d'Klimaziler zesumme mat enger gutt dréiender a gesonder Wirtschaft erreechen; enger dréiender Wirtschaft, déi ech bewusst net Wuesstum nennen, mee nohaltig Entwécklung a Richtung Klimaneutralitéit.

Nieft dem Kampf géint déi sozial Ongläichheeten an deem domat verbundene Kampf géint d'Wunnengsnout ass a bleift de Kampf géint d'Klimakris eng vun de gréissten Erausforderunge fir déi nächst Wochen, Méint a Joren. An duerfir wéilt ech dem Premierminister och Merci soen, dass e ganz vill Wäert op dee Volet geluecht huet gëschter a senger Presentatioun.

Dir Dammen an Dir Hären: „Eist Land ass gutt duerch d'Kris komm.“ Dee Saz hu mer schonn alleguer méi wéi eemol héieren an en ass och net falsch. Well jo, mir hunn d'Pandemie am Verglach zu anere Länner relativ gutt gemeeschert, jiddefalls bis haut, woumat ech déi iwwer 830 Stierfäll, déi vill schlëmm Krankheetsverleef mat laangwieriige Long-Covid-Suitten an déi verschidde Schwächen an der Gestiou vun der Kris net wëll kleng rieden.

An och wa mir eis bei de Covidreegelen net ëmmer eens waren an eis och weiderhin net ëmmer eens kënnen sinn, esou gehéiert Lëtzebuerg awer zu deene rare Länner, an deenen d'Reegelen op eng demokratesch Manéier zustane koumen. Si sinn duerch e Parlament gaange mat engem demokratesche Vott a mir sinn an engem Land, wou verhältnisméisseg vill Fräiheeten oprechterhale konnte ginn. A jo, och d'Ekonomie koum relativ gutt duerch d'Kris an huet sech schonn zimmlech gutt erholl.

De senkende Chômagetaux, deen erëm um Pegel ass vu virun der Kris, an e Staatsbudget, deen trotz

den héijen Investissementer an Hëllef an eng Staatsschuld vu manner wéi 30 % vum PIB opweist - mir leien nëmme bei 26-27 % - an domat op stabile Féiss steet, liwweren de Beweis.

A well de Kultur- an de Sportsektour zu Lëtzebuerg vill méi staark wéi an anere Länner ënnerstëtzt gi sinn, hunn och dës Beräicher elo längst zu enger grousser Normalitéit zrëckfonnt. Et ass schéin ze gesinn, dass d'Sportler erëm op den Terrainen ënnerwee sinn, dass d'Kulturinstituter aktiv a kreativ sinn. An et ass souguer schéin ze gesinn, dass owes am Bësch Theater gespillt gëtt.

Besonnenesch ervirhiewe wéilt ech awer d'Schoul, déi zu Lëtzebuerg mat am mannsten zou war par rapport zu allen anere Länner, wat de Stellwäert vum Grondrecht op d'Bildung an der Schoul zu Lëtzebuerg ënnersträicht.

Alles dat, Dir Dammen an Dir Hären, gehéiert zum positive Bilan, dee mir als Gréng zu deem Moment aus der Gestiou vun der Kris kënnen zéien a wëllen zéien. En ännert awer näischt drun, dass d'Erausforderungen, mat deenen ënner anerem d'Klimakris eis konfrontéiert, nach net gemeeschert sinn. Dës Erausforderunge bleiwe gewaltig a sinn och méi schwéier ze meeschteren, well d'Form vun der Klimakris eng aner ass a vill méi komplex ass wéi d'Covidkris.

Den Ënnerscheid besteet virun allem doran, dass et bei der Pandemie eng Zäit duerno gëtt, op déi ee sech kuerzfristeg ka freeën. Aus deem Grond sinn déi drastesch, mee zäitlech limitéiert Covidmoossname relativ gutt akzeptéiert ginn, och wa bei der Impfbereitschaft nach Sputt no uenen ass.

D'Aufgab vun eis alleguer ass et dann, fir och bei der Klimakris eng Welt duerno ze garantéieren; eng Welt, op déi jiddweree sech freeën kann an déi och deene folgend Generatiounen zeguttkënn, well jiddwer Mënsch, och déi folgend Generatiounen hunn e Recht op eng propper, gesond an nohaltig Ëmwelt.

Datt dëst Recht e fundamentaalt Mënscherecht ass, gouf dee leschte Freiden - et ass nach net laang hier - vum UNO-Mënscherechtsrot an enger Resolutioun unerkannt a gouf vum UN-Sonderbeoptraagte fir Mënscherechter, dem David Boyd, als historeschen Duerchbroch bezechent. Dës Beschluss soll hëllef, an Zukunft méi streng Ëmweltgesetzter duerchzesetzen an domat méi effektiv wéi an der Vergaangenheet géint de Klimawandel, géint d'Aartestierwe souwéi géint d'Loft- a Waasserverschmutzung virgoen ze kënnen.

Zanter den 1990er-Jore gouf dës Resolutioun am EU-Mënscherechtsrot diskutéiert. Endlech ass se vun enger grousser Majoritéit unerkannt ginn an hëllef, streng national Standarden op Basis vun den Erkenntnisser iwwert d'Ökosystemer festzeleeën.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, dass et ëmmer nees Mënsche gëtt, déi der Ëmweltwëssenschaft an den Erkenntnisser feindlech gesënn sinn an de Klimawandel souzesoen als Hirngespinn ofdinn. Mee och déi gréisste Skeptiker a Schwuerbler wäerte fréier oder spéider feststellen, dass se mat de Féiss am Waasser stinn, dass d'Warnunge vun de Wëssenschaftler viru weidere Klimakatastrophen net aus der Loft gegraff waren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ech schwätze vun Iwwerschwemmungen, déi all Pegelstänn aus der Vergaangenheet depasséieren, vun intensiven Hëtzelwellen, Tornadoen, Dréchten, Bränn an anere staarke Wiederphenomeener, déi sech unheefen an en Impakt op extreem vill Beräicher hunn, op d'Ëmwelt natierlech an op eis natierlech Liwensgrundlagen, op d'Infrastrukturen - dat hu mer elo am Summer erlieft -, op de Bien-être an op d'Liewensbedingunge vun de Mënschen, op d'Gesondheet vu Mënsch an Déier, op d'Landwirtschaft an d'Ernährungssécherheet, op déi sozial Ongläichheeten. An net ze vergiessen, dass dës Phenomeener schonn haut vill vulnerabel Regiounen destabiliséieren a bestoend Konflikter verschlimmeren oder awer zu neie Konflikter an zousätzlecher Aarmut op der Welt féieren.

Fir eis ass et glaskloer, dass Lëtzebuerg seng Verantwortung muss iwwerhuelen, net nëmmen am internationale Kontext, mee och zu Lëtzebuerg selber, wou d'Klimakris riskéiert, eis immens deier ze ginn, souwuel gesondheetlech wéi och gesellschaftlech, sozial an ekonomesch.

Positiv ass, dass mir an de leschte Jore grouss Fortschritter a Richtung Nohaltigkeet gemaach hunn. An och déi mussen genannt ginn. Mir hunn en ambitiösen a kohärente Kader am Klimagesetz verankert a mir hunn déi eenzel sektoriell Ziler definéiert. D'1,5-Grad-Zil kann elo net méi a Fro gestallt ginn an d'Politik muss sech an Zukunft duerno richten.

An Zukunft kann et a puncto Klimaschutz also nach just an eng Richtung goen, a Richtung méi Tempo a méi Ambitioun. Mat de sektoriellen Ziler, déi laang diskutéiert gi sinn, mee komm sinn, sinn d'Laaschte

kloer verdeelt ginn, well all klimarelevante Sektour an domat och all zoustänneg Ministère seng Verantwortung muss iwwerhuelen.

Dem CO<sub>2</sub> hu mer e Präis ginn. Domat ass d'Verschmutzung net méi gratis an d'Käschten, déi aus der Verschmutzung entstinn, ginn net méi op d'Allgemengheet an och net op déi folgend Generatiounen ofgewälzt. Datt den CO<sub>2</sub>-Präis sozial ofgefierdert ginn ass, war fir eis an eis Koalitionspartner eng wichteg Konditioun, well Klimapolitik a Sozialpolitik Hand an Hand musse goen, fir déi Vulnerabel viru Méibelaaschtungen ze schützen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Elo, wou de legale Kader besteet, geet et drëms, d'Aktioun fir de Klima op allen Niveaun ze beschleunegen an derfir ze suergen, dass d'Klimaneutralitéit op allen Eebenen zum Standard gëtt, an de Betriber, der Mobilitéit, der Konstruktioun, de Gebaier, der Agrikultur, dem Energieverbrauch an der Produktioun, dem Of-fall, fir nëmmen déi ze nennen.

Ganz genee aus deene Grënn ënnerstëtzt dës Koalition engersäits d'Ekonomie, anerersäits awer och d'Biergerinnen an d'Bierger mat massiven Investi-tiounen. Et geet drëms, hinnen ze hëllef, op klimafrëndlech Technologien an op e klimafrëndlecht Verhalen ëmzeklappen.

Konkreet heescht dat, dass mir d'Subventiounen fir energieetesche Sanéierungen a Fotovoltaik, mee och fir d'Uschaf vu Véloen am Kader vun der Relance erhéicht hunn, an och d'Subside fir d'Elektromobilitéit an hir Infrastrukture goufe verstärkt.

A puncto Infrastrukturen hu mer schonn haut dat zweetbescht Netz vun Opluedstatiounen an Europa an dëst wäert nach weider ausgebaut ginn, wuel wëssend, dass dës Statiounen exklusiv mat grëngem Strom bedriwwen ginn.

Souguer wann d'Hallschent vum Lëtzebuerger Fuerpark, an dat sinn net weéng Autoen, elektresch wier - et sinn der bal 300.000, am Ganze sinn et der méi -, da géif deen duerfir gebrauchte Strom net méi wéi 8 % vum gesamte Stromverbrauch ausmaachen.

An och bei der Differenzéierung vun de Subventiounen huet d'Regierung hir Hausaufgab gemaach. An der Diskussioun vun leschte Joer war dat eng gréisser Fro. Et war déi, dass Familljen, déi grouss Autoe brauchen, net ënnert de Käschten ze leide kréien. Dat heescht, déi méi spuerson am Autoe gi méi staark ënnerstëtzt wéi d'Autoe mat engem héije Verbrauch, mee bei groussen Familljen, déi op e groussen Auto ugewise sinn, gëtt eng Ausnam gemaach.

Gëschter huet dann de Premier nach annoncéiert, dass d'Subventiounen fir d'Ëmklappen op eng nohaltig Mobilitéit an nohaltig Wunnen och no deem Joer verlängert ginn a verbessert ginn, och wat d'Prozeduren ugeet. Dat ass fir eis genee dee richtige Schrëtt, well de Succès vun dëser Politik ass mat Fakte beluecht. Fakte si keng Fakefacts a keng Fakenews, mee et ass eng Tatsaach, dass am Joer 2020 13,2 Milliounen accordéiert goufe fir „Clever wunnen“, dat wëllt soen, fir déi breetgefächert energieetesche Renovatioun vu Wunnengen.

Wat d'Mobilitéit ugeet, esou sinn tëscht Februar 2019 a September 2021 iwwer 5.000 Demandé fir Subsidien eragereecht gi fir vollelektresch an Hybridautoen. An donieft sinn iwwer 50.000 Demandé fir Véloen an E-Bikes eragaangen. Domadder konnt all zwoelfte Lëtzebuerger, kann ee soen, sech e Vélo zu engem staark reduziéierte Käschtepunkt leeschten. An alles dat weist dann och, dass ëmmer méi Mënsche bereet sinn, op e klimafrëndlecht Verhalen ëmzeklappen. A souguer wann eng Rei Leit vun deene Véloe Gebrauch maachen, fir Sport ze driewen an net fir schaffen oder akafen ze fueren, mee einfach fir sech ze beweegen, dann droe se nach ëmmer zu der Beweegung an der frëscher Loft bäi, se erhéijen d'Wuelbefanne vun deene Mënschen a reduziéieren d'Käschten, déi bei der CNS duerch Beweegungsmangel an Obesitéit entstinn. Dat nennt sech P wéi Preventioun.

Dir Dammen an Dir Hären, wann ee sech déi successiv Mobilitéitskonzepter mam Numm MoDu da méi genee ukuckt - Dir kennt se, se si vum François Bausch entwéckelt ginn an zu engem gudden Deel schonn ëmgaset, anerer sinn an der Ëmsetzung oder se sinn decidéiert a gi geplangt -, da stellt ee fest, dass et ganz sécher net drëms geet, den Auto ze verdäiwelen oder komplett vun de Stroossen ze verbanne. An enger zäitgemässer Multimodalitéit behält den Auto seng Plaz. D'Zil ass et allerdéngs, dass attraktiv Alternativen zum motoriséierten Individualtransport geschaf ginn. Dës sollen de Mënschen et erméiglechen, nach just e Minimum vun den deeglechen Trajete mam Auto musse zrëckleeën an de Rescht méi nohaltig, méi bequiem, méi sécher a méi séier mat Zuch, Bus, Tram, Vélo oder ze Fouss, wéi et sech da grad ergëtt.

An deem Sënn si mer eis eens, Dir Dammen an Dir Hären, dass d'Primme fir d'Elektromobilitéit d'Iwwersiedegung vum Stroossennetz net aus der Welt





schafen. Den Ersatz vum Motor reduzéiert kee Stau. A grad dowéinst ass et esou wichteg, datt den Ausbau vun der ëffentlecher Mobilitéit, mee och den Ausbau vun der aktiver Mobilitéit - an anere Wierder, de séchere Vëlospisten a Vëlo-expressweeër „en site propre“, dat heescht, vun der Strooss getrennt - an Zukunft Prioritéit behält an datt weiderhi Rekordzommen doran investéiert ginn.

Lëtzebuerg investéiert esou vill wéi keen anert Land op der Welt an déi ëffentlech Mobilitéit mat 2,5 Milliarden bis zum Joer 2025.

Elong an d'Schinn investéiere mer 567 Euro op de Kapp am Joer a stellen domat weltwäit den absolute Spëtzerider duer. Tëscht 2021 an 2024 sinn iwwer zwou Milliarden Euro Investitiounen an d'Schinn eleng virginn. De Moien huet de Pierre Gramegna dat do betount.

Alles dat weist drop hin, datt d'Alternativen zum Auto sech lues awer sécher weiderentwéckelen a fir jiddweree méi attraktiv ginn, egal wou e wunnt oder schafft.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn eis eens: Och wann 20 % vun den neien Immatrikulatiounen am Joer 2020 Elektro- an Hybridaute waren, esou si se natierlech net d'Léisung géint de Stau op eise Stroossen, ech hunn et gesot, allerdéngs droe se massiv derzou bäi, datt d'Loft propper bleift an datt de Stroossekaméidi ofhëlt. Dat ass och e Gesondheetsfacteur, datt d'Gesondheet vun der Populatioun geschützt gëtt doduerch, datt d'Loft propper bleift an datt mir eis Klimaziler erreechen.

Aus all deene Grënn ass et, datt mir d'Verlängerung vun de Subventiounen op deem Niveau explizitt begrëssen, grad ewéi och all aner Investitiounen, déi derzou bäidroen, datt mir eis Klimaziler am Beräich vun der Mobilitéit erreeche kënnen, wuel wëssend, datt d'Mobilitéit fir iwwer 60 % vun den CO<sub>2</sub>-Emissiounen verantwortlech ass.

Allerdéngs, an dat wësse mer och, ginn et nach aner klimarelevant Secteuren. An och do gëllt et, Ziler ze erreechen. Eleng fir d'Ëmsetzung vum PNEC stinn am neie Budget 1,8 Milliarden Euro zur Verfügung. Dat ass eng Steigerung vu 700.000 Euro par rapport zum leschte Joer.

Fir d'Ziler um Niveau vun der CO<sub>2</sub>-Reduktioun - 55 % -, der Energieeffizienz an der Produktioun vun erneierbaren Energien ze erreechen, spillt dann och d'Zesummenaarbecht mat der Wirtschaft, der Wëssenschaft, der Recherche an de Gemengen eng Schlësselroll. A fir deem Rechnung ze droen, hu mer dëst Joer e verbesserten an nach méi ambitiöse Klimapakt fir d'Gemenge gestëmmt, wou och d'Économie circulaire zum Droë kënnt, grad ewéi och d'Zesummenaarbecht mat de Biergerinnen a Bierger. Eng ganz Rei Gemengen hunn de Pakt schonn ënnerschriwwen.

Zousätzlech gesäit d'Klimagesetz e wëssenschaftlechen Observatoire vun eiser Klimapolitik vir an doriwwer eraus och eng Klimaplattform, déi aus deene verschiddensten Acteuren zesummegeat ass. Ech denken un d'ONGen, déi am Ëmweltberäich aktiv sinn, un de Syvicol, deen d'Gemenge vertritt, u Jugendorganisationen, déi mat agebonne ginn, u Vertrieder vu Gewerkschaften, der Wirtschaft an Zivilgesellschaft.

Béid Gremien hunn d'Zil, engersäits d'Klimapolitik opgrond vu klore Krittären a Parametere ze kontrolléieren, an anerersäits awer och Weeër opzemaachen, wéi mir zesummen am Klimaschutz besser vum Fleck kommen.

En änlecht Zil verfollegt de Klima-Biergerrot, dee gëschter ugekënnegt ginn ass an dee warscheinlech änlech wäert fonctionéiere wéi de participative Biergerpanel, deen de François Bausch schonn am Joer 2017 am Kader vun der Landesplanung agesat huet an deen op ganz vill Input an Interesse vun der Zivilgesellschaft a vu wirtschaftlechen Acteure gestouss ass.

Um Niveau vun der Wirtschaft ass et jiddefalls eng grouss Chance, datt et ëmmer méi Betriber gëtt, déi d'Zeeche vun der Zäit erkannt hunn a wëssen, datt se méi effizient mat de Ressourcë mussen ëmgoen. Dat ass net nëmmen aus ëmweltpolitesche Grënn e Virdeel. Et huet och en ekonomeschen Impakt op hir Resultater. D'Klimaneutralitéit ass nämlech zu engem Kompetitivitéitsfacteur ginn.

E Betrib, dee mat manner Stroum fonctionéiert, manner Waasser a manner Material verbraucht, manner Ofwaasser a manner Offall hannerléisst, deen dréit net nëmmen zu enger intelligenter Entwécklung bäi, e steigert och seng eege Konkurrenzfähigkeit an huet d'Nues laangfristeg vir. Fir eis sinn dat d'Betriber vun der Zukunft, wou ee muss soen, datt wichteg Elementer dobäi den Dialog tëscht den ëffentlechen Autoritéiten an den Entreprisë sinn, mee och d'Ausbildung an d'Weiterbildung vu Fachkräften am breetgefächerte Beräich vun der Nohaltegkeet.

Wann een an enger Gemeng aktiv ass, dann héiert een oft, datt Klima- an Ëmweltberoder gläich net méi ze fanne sinn. An duerfir ass et och en interes-

santen Ausbildungszweig, op dee Wee ze goen a Klima- an Ëmweltwëssenschaften ze studéieren. Et ass e Beruff mat Zukunft.

Un der Regierung ass et, en adequate Kader ze setzen, an deem d'Betriber sech beweegen an nohalteg entwéckele kënnen. An et ass och d'Aufgab vun der Regierung, d'Betriber ze ënnerstëtzen, wa se dee Wee untrieden. An dat gëtt och gemaach.

Während der Pandemie gouf e Subsideprogramm an d'Liewe geruff, deen d'Entreprisë finanziell ënnerstëtzt, wa se a klimafrëndlech Produktioun an an d'Kreeslafwirtschaft investéieren. Bis elo goufen domat wirtschaftlech Investitiounen mat bal 14 Milliarden Euro ënnerstëtzt.

Och scho virun der Pandemie gouf et änlech Hëllefsgemäisser, mee leider sinn dës Hëlfe net an deem erwaarte Mooss genotzt ginn. Doraus muss een natierlech Konklusiounen zéien. Eng ass déi, datt de Premier gëschter annoncéiert huet, datt déi Hëlfe méi attraktiv gestalt ginn a gekoppelt ginn un eng Etüd iwwert d'Dekarboniséierung vun der Industrie bis zum Joer 2040.

An och d'EU-Kommissioun huet eng Reform vun den europäesche Reegelen am Beräich vun de Staatshëlfe fir d'Wirtschaft ugestouss a mir si frou, datt Lëtzebuerg sech an dësen Negociatiounen ganz positiv a proaktiv fir eng nohalteg Moderniséierung vun de Reegelen asetzt. Dozou gehéiert, wat Lëtzebuerg ubelaangt, dann och d'Beschleunigung vun de Prozeduren, mee och d'Mise en place vun engem Nohaltegkeetscheck fir Betriber. Dëse soll et erlaben, d'Schwächen a puncto Nohaltegkeet schonn am Virfeld ze identifizéieren a wa méiglech ze behiewen.

Wat déi finanziell Planungssécherheet fir Betriber ugeet, esou muss d'Zukunft vun der CO<sub>2</sub>-Steier zum Thema ginn, och am Beräich vun de Betriber. Eng méiglech Pist ass déi, datt d'Héicht vun der CO<sub>2</sub>-Steier un d'Erreeche vun den Tëschenziler gebonne gëtt, esou wéi d'Schwäiz dat gemaach huet. De Budgetsrapporteur François Benoy hat et och a sengem Budgetsrapport ernimmt.

Dee Moment ass et fir eis awer net manner wichteg, och nach eng Kéier de sozialen Aspekt vun der CO<sub>2</sub>-Steier ënnert d'Lupp ze huelen an anzebeziehen an domat eng weider Entlaaschtung vun akommeschwaache Stéit.

Well eppes steet fest: Wa mer et net fäerdegbréngen, eng Klimapolitik ze bedreiwen, déi jiddweree mathëlt an déi Vulnerabel virun der Aarmutsfal schützt, dann ass och dee beschte Klimaschutz vu vireran condemnéiert.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir dës Ënnerstëtzung hinzezéien, brauche mer stabil Staatsfinanzen. Ouni déi maache mer net ganz vill. Mee wat ass méi genee mat stabille Staatsfinanze gemengt? Do scheede sech d'Gëschter.

Heescht dat, zu kengem Moment méi auszeginn, wéi erakënn an déi berüümt schwaarz Null helleg ze schwätzen? Ganz sécher net. D'Covidkris huet eis gewisen, datt dat de falsche Wee ass. Et ass souguer kontraproduktiv.

Heescht stabil Staatsfinanzen, keng nei Scholden ze maachen? Och dat net an och dat hu mer an der Kris geléiert.

Oder heescht et, kuerzfristeg budgetär Konsolidéierung virzehuelen an déi iwwer laangfristeg Eerausforderungen ze stellen? Och hei ass d'Äntwert nee.

Stabil Staatsfinanzen: Fir eis als Gréng heescht dat, datt mir de Budget zukunftsfaeg opstellen an der Politik déi néideg Mëttele ginn, fir d'Klimakris ze bekämpfen. Dora läit déi gréisst Eerausforderung an net an enger Spuerpolitik, déi déi nächst Generatioun vill méi deier ze stoe kënnt wéi all Millioun a Milliard, déi mir haut an d'Nohaltegkeet investéieren.

D'Cour des comptes huet an hirem Avis zum leschte Staatsbudget sech follgendermoosse ausgedréckt: « La crise climatique représente incontestablement le plus grand défi pour la pérennité de nos finances publiques. » Jo, d'Klimakris ass eng budgetär Eerausforderung. Wa mir also stabil Staatsfinanzen och an Zukunft garantéiere wëllen, dierfe mer haut net zécken, déi néideg Suen an de Grapp ze huelen, fir d'Klimakris unzegoen.

Madamm Presidentin, mir maachen dat mat wäit iwwer enger Milliard Euro, déi all Joer an de Klimaschutz fléisst.

Stabil Staatsfinanze garantéieren, dat heescht awer och, fir stabil Recettë suergen. Am Staatsbudget sinn eng ganz Rei Recetten opgezielt, déi dem Staat all Joer duerch steierlech Virdeeler, Abattementen, steierlech Exemptionen an esou weider verluer ginn. Et nennt ee se Dépenses fiscales.

Ier een iwwer Kierzunge bei den Depensë schwätzt, sollte mer eis fir d'ëischt dann emol dës verluerene Recetten unhuelen. Si sinn am Budget, dee mer de Mueren an d'Hand kritt hunn, op Säite 467 opgelëscht a mir froen eis, ob se do all drastinn.

Dat wier emol eng interessant Analys. Op alle Fall mussen mer déi Dépenses fiscales méi genau ënnert d'Lupp huelen a kucken, wat fir eng tatsächlech gräifen a wat fir eng reforméiert mussen gi respektiv ofgeschaaft mussen ginn. Hei geet et jo net just ëm e puer Euro.

Elong déijéineg, déi am Budget chiffriert sinn, entspreche verluerene Recettë vun iwwer enger Milliard an et gëtt der eigentlech nach méi. Dat beschet Beispill vun deenen Dépenses fiscales ass den Amortissement accéléré, deen de Staat am Joer 50 Milliarden Euro kascht an deen awer säi politesch Zil, nämlech derzou bäizdroen, genuch Wunnengen op de Marché ze bréngen, verfeelt huet. D'Präischausse am Logement konnt domat net gebremst ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Feststellung féiert mech dann och derzou, e puer Wierder zum héich brisanten Thema vum Logement ze verléieren. De Paradigmewissel, deen dës Koalitioun agelaut huet, dierft mëttlerweil kengem entgaange sinn. Kuerz gesot, geet et jo éischters drëms, der ëffentlecher Hand, Staat, Parastaat a Gemenge méi Mëtelen, méi Spillraum a méi Verantwortung ze ginn, mam Zil, datt méi abordabel Wunnenge gebaut an erhale ginn.

Zweetens besteet en doran, der Spekulation als enger vun den Haaptursachen vun der dramatescher Präisentwécklung vum Terrain a vun de Wunnengen entgéintzewirken.

Mir wëssen et, de Logement ass mëttlerweil zu engem Facteur ginn, deen d'Gesellschaft spalt, zu sozialer Ausgrenzung féiert a vill Mënschen zur Verzweiflung bréngt, besonnesch déi Jonk, mee net nëmmen. Well nëmmen déi weinest hunn d'Chance, scho Proprietär ze sinn, wa se op d'Welt kommen. Ech schwätze vun den Ierfschaften, déi zu Lëtzebuerg schonn zanter Joerzéngten de Kinnekswee sinn, fir zu enger Wunneng ze kommen.

Op där anerer Säit stinn dann déi, déi zwar vill schaffen, mee d'Chance net hunn, an de Genoss vun enger Ierfschaft ze kommen a mam erschaffte Geld net genuch hunn, fir sech eppes ze leeschten, net emol eng Locatiounswunneng.

Dobäi kënnt, datt de Fokus zu Lëtzebuerg vill ze vill laang op den Accès zu der Propriétéit geluecht ginn ass an d'Präisser duerch den Drock op d'Propriétéit an d'Luucht gedriwwen gi sinn.

De Minister Kox, grad wéi seng Virgängerin Sam Tanson, zesumme mat de Koalitionspartner natierlech an der Regierung, hunn d'Logementspolitik an eng aner Richtung orientéiert. Geziilt gëtt haut op d'Schafung vun ëffentlechem, nohaltegem a bezuelbarem Wunraum gesat, deen net méi als Spekulationsobjekt verderiet weiderverkaaft dierf ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Dëst ënner anere am Kader vum Pacte Logement 2.0, dee scho vun enger ganzer Rei Gemengen ënnerzeechent ginn ass an deen een eigentlech net scho schlecht-riede soll, éier en iwwerhaupt emol d'Chance huet sech ze beweisen.

Mir müssen awer nach un anere Stellschrauben dréie wéi déi do, fir op déi akut Situatioun um Wunnengsmaat anzewirken, esou zum Beispill och an der Steierpolitik, déi zwar keng Wonner ka wierken, mee trotz allem e gewëssenen Impakt op de Wunnengsmaat huet.

Steierlech Virdeeler fir Investisseuren, wéi zum Beispill den Amortissement accéléré, deen ech virdru genannt hunn, gehéieren zu deene Moosnamen, déi mat responsabel si fir déi klammend Präisser.

Den Amortissement accéléré gouf dowéinst zu Recht am leschte Budget ofgeschwächt, mee nach stellt sech d'Fro, ob mer en iwwerhaupt brauchen, wëssend - ech hunn et virdru gesot - datt en de Staat eigentlech 50 Milliarden Euro kascht.

An dann ass e weidere Knackpunkt deen, datt d'Spekulation op bebaubaren Terrainen am Bauprimeter sech nach ëmmer fir Proprietäre lount an datt dowéinst net genuch Terraine bebaut ginn.

D'Zuele schwätze fir sech. Aktuell leien iwwer 3.000 Hektar Terrainen am Perimeter, déi direkt fir de Wunnengsmaat kéinte mobiliséiert ginn. Dat ass eng Fläche verglach mat iwwer 4.500 Fussballterrainen a Plaz fir bis zu 300.000 Leit, déi bestëmmt elo net all an eist Land kommen an engem Coup, ouni datt iergendee Bauprimeter muss erweider ginn an zoubetonéiert ginn. An et kann een et och net oft genuch widerhuelen: Wat mir d'Bauprimetere manner erweideren, wat d'Reewasser besser kann oflafen an d'Iwwerschwemmunge besser verhënnert ginn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - De sprangende Punkt läit ënnerhalb vun de Bauprimetere, net baussen.

„Eiser Meenung no kann et net sinn, datt Proprietären [...], déi am Häerz vun enger Stad en Terrain besëtzen, deen Terrain aus Spekulationsgrënn

broochleien dierfe loossen a sech d'Recht dierfen eraushuelen, d'Entwécklung vun engem ganze Quartier ze blockéieren.“ D'Stäreplaz léisst gréis-sen!

„An et kann och net sinn, datt Honnerte vun Hektar, déi am Bauprimeter vun de Gemenge leien a kuerzfristeg bebaubar sinn, joerzéngtelaang broochleie bliewen, an dat eenzeg an eleng, well d'Proprietären op eng ganz legal Manéier, ouni Aarbecht an ouni Fläiss, am Schlof, méi räich wëlle ginn an domat massiv zur Wunnengsnout bäidroen.“

Dee Saz hunn ech 2018 am Kader vun enger Debat iwwert d'Landesplanung op dëser Plaz gesot. An et mécht mer Freed, en haut am Numm vun der grénger Fraktioun nach eng Kéier ze soen.

D'Zréckhale vu bebaubaren Terrainen dierf sech ganz einfach net méi lounen, emol onofhängeg der-vun, datt de Besëtzer vun Terraine mat enger gewëssener Verantwortung fir d'Allgemengheet verbonnen ass. Stéchwuert: „bien commun“ oder „communs“, en Term, dee sech an den internationalen Diskussiounen ronderëm den Ëmgang mat den natierleche Ressourcen a mam Territoire ëmmer méi duerchsetzt.

Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Joerzéngten hu kloer gewisen, datt sech näischt ännert, wann de Staat net agräift. An duerfir begrësse mir déi ugekënnegt Reform vun der Grondsteuer, enger Steuer, déi jo aus dem Joer 1941 staamt an hirem Zil längst net méi gerecht gëtt. Leider hat bis haut keen eenzegen Innen- oder Finanzminister de Courage, un d'Grondsteuer fréckelen ze goen a se un déi reell Wäertentwécklung vum Terrain unze-passen.

A schonn eleng dat do, et ginn nach aner Beispiller, ass e Paradebeispill derfir, wéi zéi an onbeweege-lech déi Lëtzebuerger Politik während ganzer 80 Joer war, wann et drëms gaangen ass, u verschid-dene Stellschrauben ze dréien. Souguer grouss ugekënnegt Pläng wéi deen, deen de fréiere Minister Fernand Boden ënnert dem Numm „Programme d'action logement“ de 16. Dezember 2001 virge-stallt huet, hunn näischt bewierkt.

Et muss een also éierlech sinn an dëser Diskus-sioun. Et ass einfach eng komplex Matière an et soll een net just d'Schold hin- an hierschiben, mee zesummen no vir schaffen.

Wat déi eidel stoend Wunnengen dann ugeet, sou weisen d'Erfahrungen och, datt déi kommunal Taxen net fonctionéieren an zu ville juristesche Problemer féieren, d'Gemenge méi bremsen wéi motivéieren, virun allem, wat déi grouss Gemenge betrëfft. Duerfir si mer frou, datt eng national Prozedur ugekë-negt ginn ass mat engem nationale Regëster an enger legaler Basis, déi och wierklech fonctionéiert.

Aus deem Grond begrësse mir dann och, datt d'Re-gierung zesumme gewëllt ass, hei Neel mat Käpp ze maachen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer nach just e Wuert zu de Mietwunnengen, der Locatioun. Wéi déi neisten Zuele vum Observatoire de l'habitat et weisen, sinn et d'Locataires, vun deene manner oft geschwat gëtt. Et sinn awer si, déi ëmmer méi ënnert dem Präisdrock vun Wunnengsmarché leiden. Am Duerchschnëtt fléisst 37 % vun hirem Akommes an d'Wunnen. Bei deenen niddregste Re-venue sinn et souguer 50 %. Et ass dowéinst essen-ziell, och d'Rechter vun de Locataires ze stäerken.

D'Reform vum Loyersgesetz, vum Bail à loyer, ass d'Geleechenheet, fir net just nei Wunnforme wéi Wunngemeinschaften, déi vill Jonker sech wën-schen, gesetzlech ze verankeren, mee och méi Transparenz an de Marché ze bréngen an d'Evolu-tioun vun de Loyer an de Grëff ze kréien, respek-tiv och d'Méiglechkeet vun Afriieren vu Loyer an-zeféieren. Mee och domat wäert et net duergoen. De Logementsproblem léise mer nämlech net ein-fach nëmme quantitativ mat méi Wunnengen a méi niddrege Präisser.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Mir müssen och d'Chance ergräifen, anescht ze bauen an dat abstrakt Wuert „nohaltegen Urbanis-mus“ mat konkreten Iddien a Projeten ze fëllen, mat Projeten, déi ëmmer ëmmer genannt ginn, well se wierklech Virzeigbeispiller sinn. Ech nennen Elmen, Wunne mat der Wooltz, awer och Projete wéi Esch-Schëffleng an de Quartier NeiSchmelz vun Diddeleng, wat ech e bësse besser kennen - de Buergermeeschter, deen e mat begleet, ass net wäit ewech. Iwwerall do gëtt op neien, gréngen an inklu-siven Urbanismus gesat, deen och deene soziale Schichten a Familljen zeguttkënn, déi net vill hunn, a keen ausschléisst.

Dee leschten a ganz wichtege Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, deen ech nach wëll uschwätzen, ass dann dee vum steigenden Aarmutsrisiko, verbonne mat de steigenden Energiepräisser aus der leschter Zäit. Déi rasant Steigerung vun de Präisser ass zu engem gudden Deel op geopolitesch Entwéck-lungen an energiepolitesch Spillereie vu Grouss-





muechte wéi Russland a Saudiarabien zrëckzeféieren. Betraff ass hei virun allem de Präis vum Flësssegas, dee mam Schëff iwwert d'Mier gefouert gëtt a vun deem vill Länner ofhängeg sinn. Mat der CO<sub>2</sub>-Steier huet dës Präishaussé also net dat geréngst ze dinn, och wa verschidden Acteure sech net ze schued sinn, fir dës Fakenews op de soziale Reseauen ze verbreedden.

Et ass berouegend, vun Experte gewuer ze ginn, datt dës rasant Präisentwécklung aller Viraussicht no just temporaire ass, well déi sougenannte „gas futures“, wou Gas op Reserv akaaft gëtt - souze-soen akaaft gëtt, fir ze stockéieren an duerno méi spéit ze verbrauchen -, nees amgaang ass sech ze normaliséieren. Viraussichtlech wäert d'Lag sech bis zum nächste Fréijoer berouegt hunn.

Déi erschreckend Entwécklung vun den Energiepräisser um internationale Maart, déi ech elo genannt hunn, och wa se just temporaire ass, weist awer och nees op en Neits, wéi ofhängeg eist Land vu fossillen Energien ass.

Dobäi dierf een net vergiessen, datt net just Lëtzebuerg op Importer ugewies ass, mee och op EU-Niveau gi 97 % vum Pétrol an 90 % vum Gas aus Drëttstaaten importéiert.

Wéi wichteg et also ass, d'Produktioun vun erneuerbarer Energie weiderzedreien an ze ënnerstëtzen, gëtt domat op en Neits ënnerstrach. An duerfir si mir frou, datt Lëtzebuerg hei mat grousser Schrëtt vun der Plaz kënn.

Bis elo léisst de Bilan sech op alle Fall weisen, och wann déi do Zuelen ëmmer erëm klenggeriet ginn.

Mir hunn d'Produktioun vu gréngem Stroum zu Lëtzebuerg méi wéi verdreifacht par rapport zu virun 2013.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Virun allem bei der Wandenergie ass d'Evolutioun beandrockend. Hei gouf d'Produktioun bal verfënnefacht par rapport zu 2012. Och bei méi staark subventionéiertem Solarstroum gesi mer besonnesch zanter 2018 e ganz staarken Trend no uewen. Natierlech si mer eis bewosst, datt mer an noer Zukunft och weinst eiem limitéierten Territoire net all eis Energie wäerte kënnen zu Lëtzebuerg produzéieren. A genau dowéinst setzt den Energieminister op international Partnerschaften.

Dir hutt et an de Medie gelies: Un der dänescher Küst soll eng Energieinsel mat engem Offshorewandpark entstoën, un där Lëtzebuerg sech wäert bedeelegen. Doru gekoppelt ass eng Kooperatioun mat der belscher Regierung, wat ënnersträicht, datt mir eis och grenziwwerschreidend fir d'Energietransitioun asetzen, wuel wëssend, datt de Wand och op där anerer Säit vun der Grenz bléist an datt gemeinsam méi erreecht ka gi wéi eleng. Dat ass dat eent.

Dat anert ass awer déi bedauerlech Tatsaach, datt dës rasant Hausse vun den Energiepräisser kuerzfristig fir vill Stéit e finanzielle Problem am kommende Wanter wäert ginn. Dowéinst si mer frou, datt d'Regierung eng Erhéijung vun der Allocation de vie chère vun 200 Euro ugekënnegt huet. Domat entlaaschte mer jo grad déi Familien, déi am stäerkste vun de klammende Präisser betraff sinn. Mee och d'Decisioun, datt d'Indextranche vun dem Mount réckwierkend bei der Reindexéierung vum Kannergeld ausbezuelt gëtt, ass e wichtige Schrëtt, dee mer voll a ganz ënnerstëtzen.

De sprangende Punkt ass awer deen, datt eise Steier- a Sozialsystem et generell net méi fäerdegbréngt, déi klammend Inegalitéiten an den Aarmutsrisiko ëmmer erëm opzefänken. An duerfir begrësse mer, datt mer eng seriö Dëbatt iwwert d'Steiergerechtegkeet, iwwert d'Gerechtegkeet vun eiem Sozialsystem féieren; eng Dëbatt, déi mer am Kader vum Débat d'orientation iwwert d'Moderniséierung vum Steiersystem wäerte féieren an elo amgaange sinn ze preparéieren. An doraus mussen dann awer och déi richteg Konklusioone gezu ginn.

Wann een iwwer Aarmut schwätzt, ass et awer och wichtig, sech mat anere Facteuren auserneezen, déi d'Aarmut ausmaachen. Aarmut ass nämlech net just eng Fro vu Geld a materieller Privatioun.

Aarmut ass och eng Fro vu Stigmatiséierung an Exklusioen scho bei deene Jéngsten. Et ass eng Fro vun Ausbildung, Weiderbildung, Qualifikatioun an Aarbechtsplaz. An et ass eng Fro vu mentaler a kierperlecher Gesondheet, wou et ganz oft déi sozial schwach Gruppe sinn, déi am schnellsten duerch d'Netz vun eiem Gesondheits- a Sozialsystem fallen an eréischt en charge geholl ginn, wann et ze spéit ass.

Ech schwätzen net vun enger genereller Reegel, mee et ass dach opfälleg, datt et ëmmer si trefft.

Och de Phenomeen vun där doter Schwieregkeet eeben, de Sozialsystem, deen nach Lächer huet, muss am Plan de santé mentale opgegraff ginn, wou natierlech och dann de Remboursement vun

der Psychotherapie nach eng Kéier muss an Thema ginn, an der Hoffnung, datt mer deen Dossier dann iergendwa kënnen glécklech ofschléissen.

An déi geplangten Dëbatt vum Bien-être bei de Kanner muss natierlech och dësem Volet Rechnung droen. D'Kanneraarmut muss och an déi Dëbatt afléissen an domat och d'Exklusioen vun de Kanner vun Ufank un.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer vum État de la nation, vum Zoustand vun der Natioun schwätzen, ass et deemno wichteg, net just e Bléck op dat grousst Ganzt ze geheien. Wichteg ass och, datt mer eis eebe grad mat deenen eenzelne mënschlechen a soziale Liewensweeër a Schicksaler auserneezen, déi eis Natioun am Fong all zesummen ausmaachen an net an der Anonymitéit dierfe verschwannen. An anere Wieder: Eng Natioun ass nëmmen esou staark wéi hiert schwächstend Element. An nëmme wann et deene Schwächste gutt geet, ass déi gesellschaftlech, wirtschaftlech a politesch Stabilitéit och an Zukunft garantéiert.

Meng Konklusioen ass follgend. Ech maachen et net gradesou laang wéi mäi Virriedner, fir e bëssen Zäit erëm anzespieren.

■ **M. Mars Di Bartolome, Président de séance.** - Très bien!

(Hilarité)

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Et ass richteg, den Ëmweltschutz, vun deem ech laang geschwat hunn, ass en dominant Thema a muss konsequent ugepaakt ginn.

Eng Politik mat sozialem Usproch sollt eng gerecht Verdeelung vum Räichtum awer net zweetrangege behandelen. Eng gutt Politik verbënnt Klimaschutz a sozial Gerechtegkeet. Hei ass déi ganz Regierung gefuerdert, an ech kann lech garantéieren, datt mir Gréng eis Verantwortung iwwerhuelen an der Regierung zur Säit stinn.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci och der Madamm Lorsché. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt fir d'éischt ufänken an dem Här Bettel Merci soe fir seng Ried gëschter. Et war eng laang Ried. Et war och eng interessant Ried. Ech muss allerdéngs och soen, datt et en Ënnerscheid gëtt am Titel. Dir schwätzt ëmmer vun der Lag vum Land, mir schwätze vun der Natioun. Et ass schonn en Ënnerscheid, wéi een déi Saach gesäit, a mir wëllen awer betounen, datt fir d'ADR dat heiten d'Ried iwwert d'Lag vun der Natioun ass.

De Geescht vum Walkampf louch schonn e bëssen an der Loft. An trotz allem Zweckoptimismus huet den Här Bettel awer en Androck vun enger Regierung vermëttelt, déi e bësse midd ass, déi och verbraucht ass an oneens. Et war eng Ried ouni Ambitiounen. Awer elo, zwee Joer virun de Walen, waren eng ganz Rei sozial Elementer dran. An déi sozial Elementer, déi kënnen mir och zu engem groussen Deel matdroen, wa se da kommen!

Mir kucken eis déi Projet-de-loie ganz gär un. An do sinn der derbäi, notament fir d'Familljen, déi eventuell och eis Ënnerstëtzung kënnen kréien.

Awer elo, no aacht Joer Gambia, freet ee sech awer trotzdem: Wat ass dann nach an dëser Regierung, wat se zesummenhält? Wéi ee Projet, gemeinsame Projet huet se? Ass eppes dran, wat iwwert de Minimalkonsens vun deenen dräi Parteien erausgeet? An d'Äntwerten op déi Fro ass den Här Bettel eis schëlleg bliwwen.

Et waren eng Rei Kontradiktiounen a senger Ried. A gläich am Ufank huet den Här Bettel eis gesot, et géife keng Steiererhéijunge ginn, fir der dann awer eng ganz Rei unzekënnegen, zum Beispill am Logement.

Dat Éischt ass, datt eng Spekulationssteuer soll kommen.

D'Grundsteuer soll reforméiert ginn; a gewéinlech, wann ee seet, eng Steuer gëtt „reforméiert“, ass dat fir ganz vill Leit och eng Erhéijung.

Da gëtt et déi Kuelendioxidsteuer, déi gëtt jo automatesch erhéicht.

A wéi ass et mat den Akzisen? Iwwert d'Akzisen ass bis elo net geschwat ginn, mee déi Entwécklung op de Mäert an deene Produiten, wou eeben Akzisen droeleien, wäert och zu Steierméiakommes féiere respektiv zur Steiererhéijung. Dat wär ganz interessant, och iwwert d'Akzise méi ze héieren.

Dann, eng aner Kontradiktioun war dat, wou den Här Bettel ganz vill iwwert d'Fräiheet geschwat huet a wou en dann awer trotzdem - an dorobber wäert ech nach zrëckkommen - Leit ënner Drock gesat huet an deene leschte Wochen an duerch déi Moossnamen, déi geplangt sinn, nach ëmmer ënner Drock setzt, fir sech impfen ze loossen.

■ **Plusieurs voix.** - Oo!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dat ass schonn eng Kontradiktioun, well d'Fräiheet, d'fräiwëlleg Impfen, dat ass schonn eppes anescht wéi fräiwëlleg gezwongen! A wann ee seet: „Bei eis ass d'Impfe fräiwëlleg“, dann dierf ee keen Drock maachen. Oder et geet een an eng ganz aner Richtung, wou ee seet: „Mir maachen et obligatoresch.“ Dat ass dann eng aner Dëbatt. Mee wann et fräiwëlleg ass, ass et fräiwëlleg, an da muss een dat respek-téieren.

Wann een d'Regierung objektiv beurteelt, op jidde Fall mir probéieren dat, dann ass et net nëmmen eng Regierung, déi midd wierkt, déi och widder-spréchelech Aussoe gemaach huet wéi gëschter, mee och eng Regierung, wann een op d'lescht Joer zrëckkuckt, déi sech dacks hirer Verantwortung ent-zitt.

Mir haten Diskussiounen iwwert dem Här Asselborn seng Optrëter am Ausland: keng Konsequenzen. Mir haten d'Madamm Cahen, wou och iwwer e Rapport eng politesch Matverantwortung fir ganz vill Doudesfäll an der Covidkris festgestallt gouf.

(Brouhaha et protestations)

Dach, dach, dach!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Weist mir, wou dat am Rapport steet, Här Kartheiser! Wou steet dat am Rapport? Dir waart jo emol net do!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - An och do keng Konsequenzen. A bei der Madamm Dieschbourg hate mer där Skandalen eng Partie, zënter datt dës Regierung am Amt ass, an och do goufen ni perséinlech Konsequenze gezunn. Et ass also net onbedéngt e favorabelt Bild vun dëser Regierung.

Mee wéi aner Kolleegen och, wëll ech mat der Covidkris ufänken, well d'Regierung hei besonnesch houfreg ass op dat, wat se gemaach huet. An da wëll ech awer och do kucken, datt mir als ADR vun Ufank u Konklusioone gezunn hunn a Konklusioone proposéiert hunn. Mir hunn zum Beispill gesot: Mir mussen d'Widerstandsfäegkeet vun eiem Land a Krisefäll stärken. Mir hunn dat ganz breet opgestallt an eng ganz Rei Initiativen iwwer Resolutiounen an der Chamber geholl.

An dozou gehéiert och, datt mer gesot hunn: Mir brauche Reserven, wann eng Kris kënn, zum Beispill do, wou nach ëmmer näischt ass, och Pétrolsreserven. Mir hu gesot: Mir haten Hamsterkeef; wat kënnen mer maachen, fir eist Land besser opze-stellen an esou Krisefäll? Mir haten eng Rei komplett Ausnamesituatiounen. A mir wollten eigentlech mat der ADR vun Ufank u proposéieren, datt mer eis besser opstellen, awer mat weíneg Erfolleg, muss ech soen, bis elo, well d'Regierung awer do net kann hir Verantwortung iwwerhuelen.

An dann am Gesondheitssektor! Do ass jo hei de Spidolssektor ugeschwat gi vun direkt e puer Leit, an do ass schonn e Problem, datt d'Regierung, dat war nach eng CSV/LSAP-Regierung, d'Zuel vun de Better plafonéiert hat. Dat ass e Problem, well mir hate jo och ..., an deene leschten Zäite vun der Covidkris ass ëmmer erëm gesot ginn, een Indicateur soll d'Beleung vun de Spidolsbetter sinn. Dann ass och d'Zuel vun de Spidolsbetter selbstverständlech e Krittär. An eise Plädoyer geet an déi Richtung, datt mer déi Limitatiounen, déi deemools ageféiert goufen, mussen ophiewen. Mir mussen aner Weeër fannen, méi Autonomie fir d'Spideeler, datt se dat selwer kënnen verhandelen. Mee op jidde Fall, mir mussen handelen a Feeler aus der Vergaangenheet redresséieren.

Mir mussen och kucken, datt eist Land attraktiv bleift fir Dokter, fir medezinnesch a paramedezinnesch Personal. Dat ass eng Schlëselfro fir d'Zukunft vun eiem Gesondheitssektor! Et ass elo schonn eng gewësse Knappheet do, a mir ginn ëmmer méi vum Ausland ofhängeg. Wa mir de Resort vun der Gesondheet kucken, an dat ass, mengen ech, dee groussen Defi fir d'Madamm Lenert an deenen nächste Joren: Wéi kënnen mir de Gesondheetssystem widerstandsfäeg maachen? Wéi kënnen mer e fir d'Zukunft virbereeden? Wat kënnen mer maachen, fir genuch Dokter an d'Land ze kréien, genuch anert Personal? Wéi kënnen mer anstänneg Karriären offréieren, fir do ze hëllefen? Wéi kënnen mer d'Delaien an den Urgencé reduzéieren an allgemeng eise medezinnesche Sektor einfach verbesseren? Well en huet Problemer, en huet elo duergehalen an der Kris, awer dat dierf eis net iwwert déi strukturell Problemer am Gesondheitswesen ewechtäuschen.

Mir wëllen, an dat hu mer als ADR vun Ufank un an der Covidkris gemaach, ganz konsequent ..., an ech sinn immens houfreg do op all Kolleegen an der Partei. Mir hunn eppes gemaach, wat keng aner Partei hei gemaach huet: Mir hu vun Ufank un d'Geforen erkannt, déi mer an der Covidkris hunn, d'Gefore fir d'Fräiheeten, déi do dralouchen, an deene Moossnamen, déi geholl goufen am État de crise.

Den Här Reding hat direkt eng Proposition de révision vun der Verfassung proposéiert, fir datt d'Moossnamen, déi an engem État de crise geholl

ginn, kënnen verifizéiert ginn. Mir haten déi Limitatioun vun de Grondrechter, d'Agrëffer an d'Privatliewe vun de Leit vun Ufank u kritiséiert an dat net matgestëmmt. D'Ausgangsspär, d'Limitatiounen op d'Liewen doheem, alles dat war fir eis net akzeptabel!

Mir begrëssen, datt d'Impfe fräiwëlleg ass. Mir be-kennen eis och dozou. Awer, wéi gesot, fräiwëlleg ass net fräiwëlleg gezwongen.

An da mussen mer, och wa mer d'accord sinn, datt vulnerabel Leit geschützt ginn - dat ass eppes, dat géife mir och mat deelen -, mee da mussen Léisunge fonnt ginn, déi awer aarbechtsrechtlech kompatibel sinn an och mat der Fräiwëllegkeet vun den Impfungen. Keen dierf entlooss ginn, well e sech net wëllt impfe loossen. An och do leien an deene Moossnamen, déi eis elo presentéiert ginn, nei Geforen.

Wësst Der, mir hunn an där Kris vill Bemierkungen och vum Här Bettel héieren, déi eis grouss Suerge maachen, och wat d'Fräiheet ugeet, de Respekt virun der Fräiheet. A wann ee wëllt e gläwderdegen Demokrat sinn, gëtt et Saachen, déi een net seet. Et seet een zum Beispill net, datt, wann d'Chamber net géif maachen, wat den Här Bettel elo géif wëllen, dann nach eemol den État de crise misst ausgeruff ginn. Do gesäit een och, wat fir eng Geforen esou en Instrument kann hunn, wann dat ass!

(M. Xavier Bettel manifeste sa stupéfaction.)

O, mir kënnen lech dat nosichen, Här Staatsminister, wann Der lech net erënnert!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Jo, da sicht eis dat no, wannechgelift!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dann hutt Der de Solidaritéits...

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Entschëllegt, Här Kartheiser, entschëllegt, Här Kartheiser, als Chamberspräsident wëll ech awer do agräfen. An ech wär ganz frou, ech wär ganz frou, wann Dir e Beleg hätt, dass d'Chamber esou ënner Drock gesat ginn ass. Ech weess näischt do der-vun! An ech sinn iwwerzeegt, dass mäi Kolleeg, de Chamberspräsident, och näischt do dervu weess. Ech hunn ni esou eppes gespuert. A mir hunn an dëser Kris, an dat wëll ech ënnersträichen, anescht-ers wéi 99 % vun deenen anere Länner op der Welt, jidderzäit eis Verantwortung hei iwwerholl als Parlament, ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - ... jiddwereen an deem Parlament, Oppositioun wéi Majoritéit!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - An do kënnen mer wierklech houfreg driwwer sinn. Et deet mer leed, dass ech zu dësem Zäitpunkt muss agräfen, mee ech muss mech hei schützend virun d'Parlament stellen, wat d'Missioun vun engem Chamberspräsident an engem Chambersvizepräsident ass! Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, éischters ass meng Auer virugelaf. Zweetens ass et net méiglech, datt e President mat senger Standpunkten hei agräift. Ech hunn d'Chamber net ugegraff.

■ **Une voix.** - Dach!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech hunn dem Här Premierminister gesot, an ech kann dat nokucken, well mir haten dat wierklech deen Abléck publi-zéiert, datt zu engem bestëmmten Abléck den Här Bettel gesot huet, datt en eventuell géif den État de crise ausruffen, wann d'Parlament dat net géif maachen, wat hie wëllt. Dat ass public gewiescht, an dat kënnen mer nopréien.

An ech géif lech bieden, Här President, d'Sëtzung ze leeden, ouni den Deputéierten hei ... Dir sidd net Deel vun dëser Diskussioun, Dir leet dës Sëtzung, a mir diskutéieren hei. Well soss hu mer eng Confusioun, soss ass eng demokratesch Dëbatt jo net méi méiglech, wann all Kéiers de Chamberspräsident agräift, wann een eng Vue hei presen-téiert, déi da grad net passt.

Ech géif lech wierklech bieden, dat esou ze respek-téieren!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Also ech wëll lech just soen, wann Der dat dote gär hätt, da loossen ech mech direkt ersetzen. Da schwätzen ech nach ganz aneschtens mat lech!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dat kënn Der maachen!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Sou, dierf ech elo virufueren? Den Här Roth huet vläicht eng Fro.

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Ech hunn eng Fro. Ech wier frou, wa mer eis alleguerte géife berouegen, den Här Kartheiser an och den Här Chamberspräsident, deen elo a Fonctioun ass. Ech mengen, nodeem ech mat der Madamm Hansen geschwat hunn,





dass dat, wat den Här Kartheiser gesot huet, wat d'Äusserunge vum Premier sengerzäit waren - ob se an deem Geescht waren, weess ech net -, mee kann ech mech erënnere, dass, mengen ech, dat e bëssen an déi Richtung gaangen ass. Wat de genaue Wuertlaut war, weess ech awer och net.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools merci, Här Roth. Sou, ech wollt just bieden, datt déi Interventioun, déi Dir gemaach hat, Här Chambers-president, vu menger Zäit nees ofgerechent gëtt.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Selbstverständlech.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools merci.

Sou, dann deen nächste Punkt, deen ech wollt maachen, wou mer och Suergen haten iwwert déi demokratesch Astellung vum Här Premierminister, ass deen, wou en de Solidaritéitsprinzip bei der Krankenversicherung a Fro gestallt huet fir déi net geimpfte Minoritéit. Dat hutt Der an der Chamber gesot. Do souze mer alleguer heibannen. An dat huet och e groussen Echo an der Éffentlechkeet fonnt.

An dann hutt Der Aussoe gemaach, déi d'Gesellschaft splécken. Dir wëllt Leit, déi sech net wëllen impfe loosse, culpabiliséieren! Dat ass déi Interpretatioun, déi mir maachen. Dat ass politesch, mënschlech a faktuell falsch. Ech si geimpft, ech kann och de Virus viruginn. Ech wëll dat just soen. Vläch ass d'Warscheinlechkeet manner grouss, et ass jo dat de Konsens, mengen ech, an der Medizin, awer ech kann et maachen. Dat heescht, och déi Geimpfte kënnen de Virus viruginn. An ech wär dofir frou, wa mer net géifen higoen an dann iergendwéi probéieren, mat esou Aussoe Lageren ze maachen an der Gesellschaft. Mir sollten an engem Geescht vun Toleranz erëm probéieren, déi Grief, déi elo do sinn, ze iwwerbrécken an openeen zouzegeen. Et ass dat, wat mer brauchen, an net elo higoen an nach ëmmer méi déif Grief an eis Gesellschaft rappen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Mir hunn e Feele vun där demokratescher Iwwerzeegung vun der Regierung. Dat gesi mer och an der Referendumsdebat, an zwar am Kader vun der Verfassungsreform. Dat ass e ganz, ganz grave Fait. An d'Regierung hätt kënnen doriwwer schwätzen. D'Verfassungsreform, de Referendum ass Deel vum Koalitiounsvertrag. D'Regierung ass bei all Diskussioun an der Institutiounskommissioun present an Deel vun der Diskussioun. Si huet eng aktiv Roll. An, an dat wëll ech awer och soen als Politiker, et ass e Walversprieche gewiescht hei vun der DP, vun der CSV, vun der LSAP, vun deene Gréngen.

Ech erënnere mech - ech wor jo fréier selwer an der DP -, ech erënnere mech un e Kongress ...

(*Hilarité et interruptions*)

Jo, jo! Dat wor nach eng DP, déi mir gefall huet! Haut ass et dat net méi.

(*Hilarité et brouhaha général*)

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ech si frou, dass dat besser ginn ass! Haut gefällt se eis besser wéi deemools ...

(*Brouhaha général*)

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- An haut ... Wësst Der ...

Ech erënnere mech un e Kongress an der DP, du wor den Här Bettel, mengen ech, nach net Member, do ass den Henri Grethen op d'Bün komm an en huet iwwer Walversprieche geschwat. An en hat e flotte Sproch: „Versprach ass versprach a gëtt net gebrauch.“ Ech erënnere mech nach ganz gutt drun. Ech froe mech, wat den Henri Grethen haut géif iwwer lech soen!

A mir verlaangen als ADR dat! Datt déi Parteien hir Walversprieche anhalen! Dat ass nämlech eng Saach vu politescher Kultur hei am Land. Wat solle mer da soen? Wat sollen d'Leit vun eis denken, wann déi Walprogrammer, déi se schréfflech kréien, esou verrodde ginn, wéi dat hei am Abléck de Fall ass? Et ass dat!

An da wëll ech iwwert d'Prozedur schwätzen, well dat weist jo och ... Mir hunn eng Petitioun lafen hei am Parlament am Abléck, 2007. Déi huet elo schonn, ech weess net, 6.000 Ënnerschrëften, ech hunn net méi gekuckt. Mee et ass op jidde Fall esou, datt do eng Petitioun leeft, wou 6.000 Bierger-soe mer 6.000 - hei froen, fir datt eng Diskussioun soll sinn iwwert dee Referendum, dee versprach gouf, dee vun de Parteie versprach gouf! An Dir ignoriert dat an engem Mooss, datt Der sot: „Ma d'nächst Woch maache mer schonn den éischte Vott. Et ass eis egal, déi 6.000 Leit!“

Ma fält lech dat net op, datt Der sollt higoen an déi 6.000 Leit emol unhéieren, ier Der decidéiert, den éischte Vott ze maache vum Parlament?! Dat wär emol eng elementar Héiflechkeet!

An dann déi Prozedur, wéi se dann hei proposéiert gëtt. Et gëtt jo Leit, déi soen: „Majo, nee, mir maa-

chen dee Referendum net, a wann d'Leit gären een hätten, da kënnen se jo 25.000 Ënnerschrëfte sammelen goen.“ Dat ass jo esou organiséiert ginn, datt d'Leit véiermol mussen dohinnergoen. Et ass eng Absicht, an eisen Aen eng Absicht, fir déi Revisioun a véier Kapiteln ze deelen, fir et de Leit méiglechst schwéier ze maachen, fir kënnen e Referendum ze froen! Dofir och déi negativ Attitüd vun der Regierung, wéi mir proposéiert hunn, eng Onlineprozedur anzeféieren, fir sech do kënnen anzeschreiwen.

Mir proposéieren eppes ganz Konkreetes. Wann et lech escht ass mat der Demokratie, da géif ech soen, mir maachen emol éischtens kee Vott oder keng Debatt iwwer en éischt Kapitel, bis mer déi Petitiounären ugelauschert hunn, déi hei e Recht hunn, ugelauschert ze ginn, fir dee Referendum anzefuerderen, deen Dir hinne versprach hat.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- An dat Zweet ass: Da kommt, mir ginn hin, wann dat éischt Kapitel fäerdeg ass iwwert d'Justiz, a mir kënnen et jo debattéieren hei, awer mir musse jo net de Vott huelen - mir hu jo schonn dacks Debatte gehat -, an da maache mer de Vott iwwert déi véier Kapiteln zesummen op engem Dag. Dann ass et de Bierger nämlech méiglech, wa se e Referendum froen, nëmmen emol op d'Gemeng ze goen, fir sech anzeschreiwen an dann de Vott oder de Referendum ze froen iwwert déi véier Kapiteln. Dat géif weisen, datt Der wierklech probéiert, de Leit entgéintzekommen an datt et net déi verstoppten Intentioun ass, déi an eisen Ae relativ offensichtlech ass, fir déi ganz Debatt eeben esou opzedeele, datt et de Leit net méi méiglech ass, e Referendum ze froen.

Wësst Der, d'Demokratie, dat kann een och op déi Manéier afuerderen. An deem Sënn proposéieren ech hei eng Resolutioun am Numm vun der ADR.

**Résolution 1**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*- d'Aarbechten an der Institutiounen- a Verfassungsrevisiounskommissioun vun der Chamber un der neier Verfassung séier virukommen an den éischten Text ganz geschwënn an d'Pleniëre kënn;*

*- den Artikel 114 vun der aktueller Verfassung et de Bierger erlaabt, e Referendum iwwert déi nei Verfassung unzefroen,*

*ass besuergt, datt*

*- déi Opdeelung a véier Kapiteln et de Bierger onnéideg schwéier mécht, de Referendum ze erwierken,*

*decidéiert,*

*- déi eenzel Kapitele vum neie Verfassungstext an der Pleniëre ze diskutéieren, awer des eréischt nom Ofschluss vu sämtlechen Aarbechten eng éischte Kéier ze stëmmen, fir de Bierger d'Referendumsprozedur net onnéideg schwéier ze maachen.*

(s.) *Fernand Kartheiser.*

■ **M. Jeff Engelen** (ADR).- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Mir sinn iwwerzeegt, datt, wann déi Verfassungsrevisioun net vum Vollek akzeptéiert gëtt iwwert de Wee vun engem Referendum, da gëtt se ni richtig akzeptéiert! Et bleift ëmmer eng Verfassungsrevisioun vu véier Parteien, vun engem Walbedrug. A wann Dir gär hätt, datt déi Verfassung breet am Vollek akzeptéiert gëtt als déi nei Lëtzebuerger Verfassung, jo, da gitt de Leit d'Méiglechkeet, driwwer ze decidéieren. Dat geet net an engem Kompromëss tëschent véier Parteien.

Wësst Der, do stinn och nach ... Ech hat mer hei e puer Saachen opgeschriwwen, well ech net verstinn - a well ech elo d'Chance hunn, hei mat engem DP-Politiker kënnen doriwwer ze diskutéieren, ech hunn déi Verfassung jo gelies a gelies -, ech verstinn net, datt d'Demokratesch Partei se ka matdroen! Den Droit à la propriété, do ass e puermol hei an den Debatte gesot ginn, och mat deenen neie Steieren: „Jo, mir als DP bekennen eis weider zum Droit à la propriété“, an esou weider, esou e Bekenntnis, well se wëssen, datt dat am Abléck héich contestéiert ass. An och an där neier Verfassung ass et jo contestéiert mat deene politesche Staatsziler. Datt do d'DP iwwerhaupt matgeet, ass net nozevollzéien! Mee gutt, et ass méi Äre Problem wéi eisen.

Ech wëll awer och soen, datt ech ganz, ganz déif enttäuscht sinn iwwert d'CSV an där ganzer Debatt, ganz déif enttäuscht!

(*Brouhaha*)

Well wann ech elo kucken ...

(*Brouhaha*)

Ech hunn doheem, wësst Der, am Laf vun engem Liewen, do liest ee jo vill, an ech hunn och Bicher gelies, ech weess net méi genau, wéi eent heescht, „Eine Partei, ihre Geschichte und ihre Verantwortung“ oder wat weess ech, ech weess net méi, wéi all déi Bicher geheescht hunn, och iwwert d'Ge-

schicht vun der CSV, wat se alles geleescht huet, ex-chrëschtlech Partei, ex-staatsdroend Partei, muss ech haut soen. Well wat do net alles drasteet! Attack op d'Souveränitéit vum Land, Attack op d'Monarchie, Attack virun allem op d'Famill. A wierklech, dann, wéi gesot, de Verrot vum Walversprieche! Ech hat dat Gefill, mat där ganzer Verfassungsdebat a mat där Implikatioun vun der CSV zesumme mat Gambia an dëser Geschicht, a mat deene Positiounen, déi do vertruede sinn, datt d'CSV hir Geschicht verleeget an dëser Debatt. An dat deet mir leed! Et ass awer déi gréissten Oppositionspartei an et ass ganz traureg, wat do geschitt. An ech géif si opfuerderen, hir Positioun ze revidéieren an e bëssen zrëckzekommen op hir Traditiounen an op hir demokratesch Verantwortung!

(*Interruption*)

Mir hunn eng Diskussioun haut vun e puer Leit kritt iwwert d'Aarmut am Land. Dat ass eng extreem wichteg, well esou vill Leit hei am Land dovunner concernéiert sinn. An et ass net méiglech, an der Politik haut eng Diskussioun ze féieren iwwert d'Lag vun der Natioun, ouni ze kucken, wat mer kënnen maachen, fir déi Äermst an eiser Gesellschaft ze ënnerstëtzen.

An Dir hutt jo ëmmer erëm gesot: „Déi finanziell Situatioun vum Staat ass gesond.“ Majo, da menge mir, och wann et net kann zu där grousser Steuerreform kommen, déi ugekënnegt ass, datt et ëmmer muss Plaz ginn, fir Ännerungen, punktuell Verbesserungen, Noutstandsregelungen ze fanne fir déi Leit, déi wierklech eng brauchen. An do hu mir ganz konkret Fuerderungen a Positiounen.

Mir hätte gär zum Beispill, an dat ass eis wierklech wichteg, datt déi permanent Steuererhéijungen, well déi gëtt et, et gëtt just net weider driwwer geschwat, duerch déi kal Progressioun endlech ophéiert.

Mir hätte gär, datt endlech eng automatesch Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun nees ageféiert gëtt. Déi gouf 2012 vun enger CSV/LSAP-Regierung ofgeschafft. Déi automatesch Upassung hätte mer erëm gär vum 1. Januar un. Dat heescht, dat ass en Enn vun de verstoppte Steuererhéijungen, déi mer elo am Abléck all Joer hunn.

Mir hätte gär, datt fir d'Wittleit endlech déi Reklaséierung no dräi Joer an eng aner Steierkategorie ophält.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Mir hätte gär Verbesserung fir elengerzéiend Pappen a Mammen. An do ass eis Propositioun, datt mer déi Abattementer duerch Crédits d'impôt ersetzen.

Mir hätte gär d'Schafung vun engem steuerlechen Ausgleichsystem fir Baueren, Wënzer a Sylvicul-teuren, fir datt se kënnen besser Jore mat méi schlechte Jore verrechnen. Dat gëtt deene Betriber méi Méiglechkeeten, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

A mir hätte gär, an dat ass ganz wichteg, datt de Mindestloun steierfräi gëtt. Dat ass eng Positioun, déi d'ADR hält. De Mindestloun soll steierfräi sinn, fir datt et och richtig e Mindestloun ass. Mir wëssen, datt dat Implikatiounen fir déi ganz Steuerprogressioun huet. Awer mir akzeptéieren dat a mir froen, datt wierklech déi Leit, déi am allermannste verdéngen, vun der Steuer kënnen befreit ginn.

■ **M. Jeff Engelen** (ADR).- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Eng lescht Consideratioun, dat ass den Drock op d'Bankgeheimnis hei am Land. Mir halen um Bankgeheimnis fest. Mir sinn als ADR net fir dee glesene Bierger, net fir eng total Transparenz, datt de Staat bis an dee leschten Detail alles soll kënnen kontrolléieren a wëssen, wat de Mënsch mécht.

Mir sinn einfach der Meenung, datt de Mënsch e Recht op seng Privatsphär huet. Datt en alles muss deklaréieren, datt eng Steuererklärung muss kënnen verifizéiert ginn, datt ass alles an der Rei. Mee firwat den transparente glesene Bierger? An dofir wäerte mir och derfir antrieden, datt d'Bankgeheimnis erhale bleift. Och an deem Sënn hu mer hei zwou Motioune virbereet. Do si schonn eng Rei vun eise Propositiounen, déi ech elo gemaach hunn, schréfflech fixéiert.

**Motion 1**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*- d'Bierger säit Jore steierlech ëmmer méi staark be-lascht ginn an datt déi automatesch Upassung vum Barème un d'Inflatioun säit 2012 gesetzlech ausser Kraaft gesat ass,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- e Gesetzesprojet op de Wee ze bréngen, fir déi automatesch Upassung vum Steuerbarème un d'Inflatioun réckwierkend op den 1. Oktober 2021 nees dauerhaft a Kraaft ze setzen;*

*- den éischte Sockel vum Barème sou opzestellen, datt de Mindestloun fir d'Gesamtheit vun de Bierger steierfräi bleift;*

*- de Steuerfräibetrag fir elengerzéiend Eltere vun engem Abatement an e Steierkredit ëmzewandelen.*

(s.) *Fernand Kartheiser.*

**Motion 2**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*- d'Bankgeheimnis fir auslännesch Bierger zu Lëtze-buerg scho viru Joren opgehuewe gouf;*

*- d'Ophiewe vum Bankgeheimnis och fir Awunner vum Lëtzebuerger Land ëmmer rëm an d'Gespréich bruecht gëtt,*

*erënnert dorun, datt*

*- den Dateschutz grad an Zäite vun enger ëmmer méi héijer Transparenz vu sämtleche Liewensberä-cher als héicht Gutt muss verdeedegt ginn,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- all néideg Moossnamen ze huelen, fir d'Bankgeheimnis och zukünfteg fir sämtlech Awunner vun eise Land ze garantéieren.*

(s.) *Fernand Kartheiser.*

E ganz grouse Problem, deen hei ëmmer kleng geschwat gëtt, dat sinn d'Staatsscholden. D'Staatsscholden, do gëtt hei esou gemaach, oder mir feieren dat, datt mir ënner 30 % leien, 27 % an esou weider, vum Brut, an do si mer besser wéi aner Länner. Mir si ganz anescht wéi aner Länner. Mir sinn e klengt Land. Mir hunn eng schwach Ekonomie am Vergläich mat aneren. Déi ass net richtig diversifi-zéiert. Mir hunn eng extreem Ofhängegkeet vun engem Secteur: vun de Finanzen, vun der Finanzplaz, vun de Servicer. Wann do iergendeppes bei eis am Land geschitt, dann hu mer wierklech e risege Problem. Aner Länner si vläicht méi héich verschëlt, hunn awer och eng ganz aner ekonomesch Basis, fir déi Laascht ze droen.

Et ass e grouse Problem an der Nohaltegkeet, datt mir einfach higinn a soen: „Hei, mir maache Schol-den, an domadder maache mer Investissementer.“ An déi Scholden, déi ginn einfach virun un déi nächst Generatiounen. Et ass ganz vill Konsumpoli-tik am Budget. Et ass net alles Investitioun!

Eis Fuerderung ass, datt de Staat d'Kapital vun de Scholden zrëckbezuelt. An do gëtt et keng Inten-tioun, fir dat ze maachen. Mir hätte gär eng Réckbe-zuelung vun de Scholden, wéi Privatleit et och maachen. Wann ech e Kredit ophuele bei enger Bank, bezuelen ech Zënse an ech bezuele Kapital. An iergendwéini sinn ech déi Schold lass. An de Staat mécht et net esou. De Staat verschëlt sech ëmmer nei, refinanzéiert, mee d'Kapital gëtt praktesch ni zrëckbezuelt. Dat ass net haltbar! A Verantwortung an Nohaltegkeet géintiwuer den nächste Genera-tiounen, dat heescht och, Scholden zrëckbezuelen. De Staat muss seng Finanzen dofir an de Grëff kréien.

Wéi kann en dat maachen? E soll sech op seng Käraufgabe konzentréieren. Dat heescht net onbe-déngt e schlanke Staat, mee et heescht, datt e seng Käraufgabe soll erfüllen! An de Rescht, dat kann e roueg aneren iwwerloossen.

An dofir ass et wichteg, datt mer wierklech de Bud-get ganz genee kucken, ganz genee, Linn fir Linn, an eis bei all Punkt froen: Ass dat do wierklech néi-deg? Muss et elo gemaach ginn? Kënnen mer dat selwecht net vläicht méi bëlleg kréien oder méi effi-kass? Awer bei all Linn. An hei ass et jo esou, datt déi dräi Parteien zesummesetzen. Jiddereen huet seng Wënsch. Jidderee kritt, wat e gär hätt. An déi gesamt Koordinatioun do, déi gesamt Rigueur an där Budgetsanalys, déi ass net do. Och fir d'nächst Joer gëtt erëm e Budgetsdefizitt vun iwwer enger Milliard ugekënnegt. Dat ass jo net haltbar op Zäit! Mir sollten a Richtung equilibrierte Budget schaf-fen. An dat heescht eeben och, datt de Staat net al-les ka maachen, net alles kann direkt maachen. Mee mir müssen einfach léieren, mat de Suen ëm-zegoen, déi do sinn.

■ **Une voix**.- Ganz richtig!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Eng aner grouss Erausforderung, an dat ass och eng, déi mer ëm-mer erëm als ADR kloer an d'Diskussioun bréngen, dat ass, datt mer einfach mussen de Courage hunn, d'Finanzéierung vun eise Pensiounssystemer ze iwwerdenken. An dat ass wierklech extreem wichteg.

Virun e puer Joer huet jo schonn d'CSV/LSAP-Regierung eng Pensiounsreform gemaach. Do si Limitatiounen, Reduktiounen vu Leeschtunge virge-sinn ënner gewësse Konditiounen. Mee mir wëllen net, datt et esou wäit kënnt. Mir wëllen diskutéieren iwwert d'Finanzéierung vun de Pensiounen, fir datt déi wierklech laangfristeg ofgeséichert sinn a virun allem och, well mer dann d'Ursach vum onkontrol-léierte Wuesstum kënnen an de Grëff kréien. Sou-laang mir ugewise sinn op eng Croissance vu 4 % am Joer, fir kënnen d'Pensiounen ze finanzéieren, kënnen mer net vu qualitativem Wuesstum schwätzen, well qualitative Wuesstum definéiert sech jo och doduerch, datt e ka gesteiert ginn, datt e ka





kontrolléiert ginn, datt mer net mussen egal wéi wuesse mat egal wéi enge Mëttelen, fir kënnen d'Pensiounen ze finanzéieren. Mir brauchen de Courage, fir doriwwer ze diskutéieren. A mir wëllen och de Wuesstum kënnen steieren an en net mussen erliden.

Den onkontrolléierte Wuesstum ass Schold u ganz ville vun eise Problemer. Logement ass ee vun deenen. D'Verkéisersproblematik ass ee vun deenen. Integratiounsproblemer ... Mir kommen net mat de Strukturen no. Alles dat si Problemer, déi eeben eise Wirtschafts- a Wuesstumsmodell vum Abléck mat sech bréngt an déi mir net wëllen.

Dofir musse mer einfach higoen an eis endlech zesummesetzen. A jiddereen, dee wëllt mat eis doriwwer diskutéieren, ass méi wéi wëllkomm.

De Logement ass haut natierlech vu ganz ville Leit ugeschwat ginn. Awer et fält op, datt fir de Logement eigentlech vu bal alle Parteien, ech weess et net, et huet nach net jidderee geschwat, mee ëmmer esou dirigistesch Schwärmereien derbäisinn, soubal vum Logement geschwat gëtt.

D'Steiere sollen an d'Luucht gesat ginn. Mee vum Maart, vun der Kraaft vum fräie Maart, schwätzt eigentlech keen, emol net d'Demokratesch Partei, déi Liberal. Et erkennt ee se wierklech net erëm. Et erkennt ee se net erëm. A wien ausser der ADR schwätzt dann nach vun der Kraaft vum fräie Maart och am Beräich vum Logement?

D'Grondsteuer an d'Spekulationssteuer, déi kënnen jo net d'Léisung sinn. Ech wëll hei vläicht e puer ekonomesch Grondprinzipie widderhuelen, e puer einfach Prinzipien. Wann een engem Proprietär Steieren operleet an dee verlount oder verkeeft, ma da geet déi Steuer jo virun. A schlussendlech trifft d'Steier déi falsch! Well déi Käschten, déi de Proprietär huet, déi gëtt e virun herno an den Acheteur oder de Locataire, an dann ass dee jo schlussendlech deen, deen déi héich Steuerlaascht dréit, net de Proprietär.

Wann den Amortissement accéléré ofgeschaaft gëtt, jo da gëtt manner an de Logement investéiert. Dat ass d'Konsequenz dovunner. Wa manner an de Logement investéiert gëtt, ass d'Offer méi kleng an do duerch wisst de Präis. Alles elementar ekonomesch Grondprinzipien. Firwat déi net berücksichtegen?

An da gëtt ëmmer esou gemaach, datt, wann elo de Staat oder d'ëffentlech Hand Terrain kritt an hei an do, datt dat elo d'Léisung wär, datt da mol endlech kéint abordabel gebaut ginn. Mee de Staat an och d'Gemenge sinn dacks ganz schlecht Promoteuren. Wat ass dann, wann de Staat oder d'Gemengen dann net hign an dat bebauen, wat se elo eigentlech maachen?

Mir verdeedegen och d'Recht vun de Proprietären op hiert Eigentum. A wësst Der, et gëtt jo ganz vill Attacken elo dergéint. Mee dee Regëster, deen elo do soll gemaach ginn, do kann ee sech emol éischens froen: Wat geet de Staat dat un, déi net besaten oder net bewunnte Wunnengen? Wat geet de Staat dat un, wat ech mat enger Proprietät maachen, wat e Proprietär mat senger Proprietät mécht? An da muss ee sech nach froen, wéi dat da géif applizéiert ginn an der Praxis. Ass dat elo eng Foto op den 1. Januar? Ass dann, wann een eppes verlount huet an dräi Méint drop geet de Locataire eraus, ass et dann eidel oder net? Gëtt de Proprietär fir dat Joer gestrooft oder net? Alles dat si Froen, déi mer eis stellen, wann esou Regëstere opgestallt ginn. Dat ass jo nâischt harmloses. Dat ass en Agrëff an d'privat Proprietät, an et weess een net, wou et higeet.

Mir hunn e ganz aneren Usaz. Mir hu kee sozialisteschen Usaz bei der ADR. Mir hunn e liberalen Usaz. A mir hätt gär, datt mer eng Flexibiliséierung maachen, eng Flexibiliséierung a gläichzäiteg eng massiv Ënnerstëtzung vu jonke Leit oder anere Leit, déi wëllen eng éischt Akquisitioun maache vun enger Wunneng. Mir sollen déi ënnerstëtzen.

A wat huet Gambia gemaach an deene leschte Joren? Gambia huet jo selwer derzou bäigedroen, datt d'Wunne vill méi deier ginn ass.

Ech héieren ëmmer erëm, datt d'Promoteure kritiséiert ginn an esou weider. Mee Steiererhéijunge vun 3 % op 17 % TVA, huet dat net zur Verdeierung vum Wunne bäigedroen? Wéi ass et mat deene Virschreften, déi d'Leit hunn, wéi se musse bauen? Passivhaier! Wéi ass et mat schrecklechen, deelweis irrationalen Oploen do bei Ëmweltfuerderungen? Wéi ass et mat den Delaien, mat der Bürokratie beim Staat? Sinn dat net alles Elementer, déi d'Baue vill méi komplizéiert a vill méi deier maachen?

A wann elo d'Promoteuren oder anerer kritiséiert ginn, déi hunn all hir Verantwortung, dat ka kee Mënsch leegnen. Awer ass et net emol um Staat an un de Gemengen, selwer ze kucken, fir do, wou si selwer kënnen remediéieren, ze hëllefen, Prozedure méi liicht ze maachen, Steieren erofzesetzen? Alles dat, wat an de leschte Jore gemaach gouf an u sech den Effet contraire huet vun deem, wat vläicht bezweckt war.

Mir hunn nach en anere Problem. Deen ass, mengen ech, haut och schonn ugeschwat ginn. Et ass jo bal witzeg zum Deel, wann een héiert, an ech mengen, den Här Staatsminister huet gëschter gesot: „Mir wëllen d'Weltklima retten“ an esou weider. Mee gutt. Mee hei am Land brénge mer et net fäerdeg, Bauschuttdeponien ze maachen.

Ech mengen, mir sollten einfach mat zwee Féiss um Buedem bleiwen. De Problem vun deiere Bauen hântk och mat de Bauschuttdeponien zesummen. An ier een de Weltklima rette geet, wär et emol gutt, fir seng Hausaufgaben ze maachen op engem ganz, ganz einfachen, elementaren Niveau.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Wéi eng Liewensqualitéit hu mir hei am Land? Wéi entwéckelt sech eis Gesellschaft? Och do wëll ech vläicht e puer Saache kuerz uschwätzen, well mir hunn als ADR ganz kloer Virstellungen, wéi mer gärën hätten, datt eis Gesellschaft sech entwéckelt. Mir wëllen dat guidéieren. Mir wëllen et wierklech och beaflossen an eng bestëmmte Richtung an net einfach erliden, wéi d'Gesellschaft sech am Laf vun der Zäit entwéckelt.

An ee Bekenntnis, wat mir ganz kloer hunn: Mir hätt gär, datt eist Land seng Identitéit, och seng Lëtzeburger Identitéit, behält! Dozou gehéiert e Bekenntnis zu eiser Sprooch, zu eiser Kultur, zur Integratioun vun den Auslänner. Dat ass och ganz wichteg. Eis sinn och Auslänner wëllkomm. Awer anescht wéi aner Parteie soe mir: Mir hätt gär eng volontaristesche Integratiounspolitik.

Ech erënnere mech, d'Madamm Cahen kum eng Kéier an d'Chamber a si huet gesot, si wär komplett dergéint als Integratiounsministesch - komplett dergéint! -, datt d'Leit sech géifen hei upassen. Awer mir net, mir si komplett derfir! Sou gëtt et eeben Ënnerscheeder an der Politik.

Mir hätt gär eng Gesellschaft, wou d'Leit a Sécherheet kënnen liewen. An dat heescht, datt mer selbstverständlech, jo, all eise Sécherheetsdëngschter, Arméi, Police, Rettungsdëngschter, Douane, Giischertercher, SREL, alles wat et esou dorëmmer gëtt, déi Kompetenzen an déi Moyene ginn, déi se brauchen, fir hir Aufgaben effikass ze erleedegen. Dat Ganzt selbstverständlech rechtstaatlech ofgeséichert. Awer dee Wëllen, deen hu mir!

Mir wëllen déi bannenzeg Sécherheet konsequent stäerken. An dofir si mer op dee Moosnamekatalog gespaant, deen den Här Kox eis elo wëllt presentéieren. Mir wäerten dee beurteele mat deene Krittären, déi mir hunn. Ech wäert lech der e puer nennen. An natierlech begrëisse mer Sozial- a Preventiounsmoosnamen. Jo sécher, dat gehéiert natierlech zu enger intelligenter Politik, datt een och Sozial- a Preventiounsmoosname mécht. Jo, och an der Drogepolitik, och an der Drogepolitik. An et muss een zum Beispill op den Zürccher Modell verweisen, an et muss een elo kucken, wat do proposéiert gëtt.

Awer mir hunn och konkret Revendicatiounen. Vum Policeminister Kox hätt mer gär méi Kompetenze fir d'administrativ Police, och beim Platzverweis, bei den Identitéitskontrollen a bei den Duerchsichungen. Mir hätt gär Bodycams fir d'Police an eng effizient Kameraiwwerwaachung vu Risikozonen am ëffentlechen Raum. Mir hätt gär e bessere Rechtsschutz fir d'Polizisten, datt se Affekote kënnen kréien. Mir hätt gär eng Erliichterung vun der Aarbecht vun der Police duerch eng Verlagerung vu verschiddenen Aufgaben un aner Acteuren, wéi zum Beispill un d'Giischertercher beim Gefaangentransport, un d'Agents municipaux an duerch d'Schafung vun engem SAMU social.

Vun der Madamm Tanson hätt mer gär e puer Projets de loi: gesetzlech Klosterréform bei der Thematik vum Eignement vum Territoire, e Gesetz, fir den illegalen Openthalt am Land zu engem penalen Delikt ze maachen, e Gesetz, dat eis et erlaabt, op eng effikass Manéier géint déi organiséiert Mendiitéit virzegoen, well dat ass Mënschenhandel, Ausbeutung vu schwaache Leit.

Vum Här Asselborn erwaarde mer e resolutt Virgoe géint all illegal Integratioun. Mir hätt gär eng aner Asylpolitik, an zwar eng, déi op der Base vun der Asylrechtskonventioun vun 1951 fonctionéiert, also eng méi restriktiv, datt déi Leit, déi wierklech Schutz brauchen, deen och kréien. Mir hätt gär e Verloscht vum Schutzstatut - och dat ass an der Asylrechtskonventioun - fir Leit, déi mat Schutzstatut kriminell ginn, déi mussen eeben dee Schutzstatut ofgeholl kréien.

A vum Här Gramegna hätt mer gär en Ausbau vun der Douane a méi selektiv a cibléiert Grenzkontrolle bei der Arees op Lëtzebuerg, dëst an Zesummenaarbecht mat der Police.

Mir maachen eis och Suergen iwwert déi e bësse laxistesche Attitüd, déi mer bei der Regierung gesinn, wat déi baussenzeg Sécherheet ugeet. Mir hunn zum Beispill gesinn, datt net genuch drop opgepasst gouf, datt vill Technologie aus der Volksrepublik China hei benotzt gouf, hei an och

an den Nopeschlänner. Et ass awer elo, mengen ech, hoffen ech emol, lues a lues eng Prise de conscience do, fir a Beräicher wéi Informatik oder Kommunikatiounstechnologien dorobber opzepassen.

A virun allem wonnere mir eis, an dat ass ënnert der Responsabilitéit vun der Madamm Tanson, datt de Parquet wichteg Informatiounen net virugëtt un d'Autorités nationales de sécurité, wann et zum Beispill ëm Sécherheetskontrolle geet. Wann et do legislativ Lacunne gëtt, ma da musse se gefëllt ginn. Mee et ka jo awer net sinn, datt eng Administratioun net mat där anerer zesummeschafft fir d'Besoin vun der nationaler Sécherheet, well déi gi jo dann net erfüllt!

A mir hätt gär eng Reflexioun iwwert d'Rekrutementsproblemer an all deene Verwaltungen, déi relevant sinn, Rettungsdëngschter an esou weider. Mir mussen de Rekrutement verbesseren. Mir hunn eng Rei Propositione gemaach. Mir wäerten der och nach maachen als ADR, fir do d'Situatioun ze verbesseren.

Den Här Meisch, an do soen ech vläicht e puer Wuert iwwert d'Schoulpolitik, huet jo eng Rei Moosnamen elo annoncéiert och fir d'Rentree scolaire. De Schoulsystem gëtt doduerch eigentlech ëmmer méi komplizéiert. Et gëtt och méi international Schoulen. Mir hunn dat als ADR ëmmer ganz, ganz kritesch gesinn. Mir wëlle keng parallel Gesellschaften. A mir hunn dacks gesot, datt d'Schoulpolitik vun dëser Regierung derzou féiert, datt mer u sech keng Integratioun maachen, mee eng Segregatioun. Mir trenne Kanner no Sproochen, dat heescht, och dacks no Nationalitéit, amplatz datt se an engem Schoultyp zesummekommen.

Mir géifen dofir déi verschidde Schoultypen ganz kritesch iwwerpräwen an der och eng Partie nees ofschafen, fir datt d'Leit an d'Kanner erëm kënnen zesummekommen.

Dat ass Deel vun enger Integratiounspolitik. A wat eis och ganz staark um Häerz läit, dat ass, fir den Niveau vun den ëffentlechen Schoulen ze garantéieren. Et ass wichteg, datt Diplomer an Ofschlëss, déi ee ka gratis kréien an enger gudder ëffentlecher Schoul, och e Wäert hunn, datt se unerkannt ginn. An dofir wäerte mer och do Initiativen huelen a Propositione maachen, fir an alle Beräicher, haapt-sächlech elo mol an der Mathematik, an den Naturwëssenschaften, an der Informatik, do, wou de Besoin am gréissten ass, den Niveau ze héijen, awer och bei de Sproochen, och bei der Konscht.

Ee vun de Virriedner hat gesot: „Et muss jidderee kënnen un de Knäppche kommen“, fir eng Qualifikatioun, fir sech ze qualifizéieren an esou weider. Mir brauchen Chancëgläichheet. Jo, mee fir un de Knäppchen ze kommen, muss awer jiddereen no uewe gräifen an e klengen Effort maachen. D'Léisung kann net sinn, datt de Knäppchen erofkënn, esou déif, datt kee méi brauch en Effort ze maachen. An dat gesi mir awer och als eng Gefor, als en Nivellement vers le bas, dee mer a villen, ville Joerzëngten elo schonn hei zu Lëtzebuerg hunn. Mir musse géigesteieren.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Elo wëll ech och e puer Wuert nach soen iwwert d'Nationalitéit. Mir hunn als ADR ëmmer kritiséiert, datt d'Nationalitéit e bësse, dat hu mer esou genannt, „bradéiert“ gëtt. Et ass och esou, well den Niveau an de Sproochenexamen erofgesat gouf, a wann een 20 Joer am Land ass, da muss een iwwerhaupt keng Lëtzebuergesch Kenntniss méi noweisen an där Saache méi. Mir wëllen nach eng Kéier betounen, datt mir domadder net d'accord sinn.

Mir hunn elo eng Entwécklung gehat an de leschte Woche mam Gemengewalrecht, do ass da gesot ginn: „Déi Transitiounsperiod do fält ewech.“ Mir hunn direkt gesot: Mir sinn do dergéint! Mir hätten nâischt dergéint gehat, doriwwer ze verhandelen an ze schwätzen. Mee mir hätt gär eng Transitiounsperiod, an déi wëlle mer behalen. Mir hätt gär eng Integratioun an datt eng politesch Participatioun ëmmer um Enn vun enger Integratioun steet. A wann dat dann elo einfach esou opgemaach gëtt, huet dat eng Rei Implikatiounen. Dat kann och Geforen hu wéi Manipulatioun an esou weider vun awer relativ signifikante Wielerkreesser. Mir hätt scho gär do kloer Limiten a kloer Reegelen. A mir wëllen net op Transitioun an Integratioun verzichten.

A virun allem ass och eppes, wat eis stéiert. Mir haten héieren - dat wësst Dir warscheinlech, dat huet, mengen ech, d'Madamm Bofferding gesot -, datt ee sech do ka fir déi Gemengewale direkt online umellen. An dat huet eis erënnert un déi Diskussioun, déi mer féieren am Kader vun der Referendumsdiskussioun, wou mir proposéiert hunn, datt d'Leit sech solle kënnen online umellen. An do huet dann d'Regierung gesot: „Nee, nee, dat ass vill ze wichteg, do muss ee selwer op d'Gemeng goen, fir do kënnen ze kontrolléieren, ob d'Identitéit stëmmt.“ Jo, an hei kann ee sech fir Walen anscheinend dann online umellen, mee fir eng Referendumsprozedur

geet dat net. Dat ass einfach erëm e Beweis, datt eppes wichteg ass fir dës Regierung: Dat ass, datt d'Leit net kënnen e Referendum froen! Dat ass déi verstoppete politesch Intentioun. Mir akzeptéieren dat net. Mir akzeptéieren dat net!

An eng lescht Consideratioun vläicht am Kapitel vun deene politeschen Iwwerleeungen, wat eis Nationalitéit ugeet, ass d'Asylpolitik. Och hei wëlle mer nach eng Kéier ganz kloer ënnersträichen, wat an all internationaler Konventioun esou ass, just hei am Land ni ernimmt gëtt: Dat ass, datt Asylpolitik keng Immigratiounspolitik ass! Dat sinn zwou grondverschidde Saachen. Asyl ass eppes, dat kritt een zäitweis, fir een ze schützen. Dat ass d'Zil, dat ass de Sënn, datt ass d'Logik, datt sinn déi international Konventiounen, dat heescht, wann een heinner kënn an Asyl kritt. An ech soe kloer: D'ADR bekennt sech dozou. Dat ass schéin, datt mer kënnen Leit Schutz ginn, déi Schutz brauchen.

(*Interruption*)

Jo, dat ass schéin. Dat ass mënscherechtlech nobel. Do bekenne mir eis derzou. Mee mir soe grad esou kloer, datt mer dee Schutzstatut reegelméisseg iwwerpräwe mussen. An een, dee kee Schutz méi brauch, dee kann och keen Asyl méi hunn. Asyl ass keng Immigratioun. An deen Ënnerscheid ass fir eis ganz wichteg.

An der Verkéiserspolitik, do ass jo och haut vill geschwat ginn iwwer Mobilitéit douce. Den Här Premier huet dat och gëschter e bësse esou gesot, mir géifen d'Verkéisersproblematik mam Tram a mam Vélo léisen. Dat ass natierlech net de Fall. Weeder den Tram nach de Vélo huelen eis d'Staue vun den Autobunnen ewech, wann d'Frontalieren eriwierkommen.

Den Ausbau vum Zuch ass sënnavoll. Mee dann, mee da komme se an der Stad un an dann ass do den Tram, an den Tram, dee mécht viles méi komplizéiert, net méi einfach.

(*Interruption*)

A mir soen als ADR, datt déi eenzeg Léisung haut wéi fréier dora besteet, datt mer den Zuch ënnert der Stad duerchféieren. Fir et attraktiv ze maachen, datt d'Leit den Zuch huelen, muss et méiglech sinn, zu Diddenuewen oder zu Arel an den Zuch ze klammen an um Lampertsbiërg oder um Kierchbiërg erauszeklappen, ouni ëmzeklappen.

Dir wäert gesinn, ech sinn iwwerzeegt, datt mer an der Verkéisersdiskussioun dohikommen, wa mer net schonn do sinn, datt geschwé gesot gëtt: „Jo, mir mussen d'Zich ënnert der Stad duerchféieren!“ Dat ass nämlech déi eenzeg Léisung. De Vélo an den Tram léisen déi Problemer net.

(*Interruption*)

Vill Leit hei am Land maachen eis opmierksam op en anere ganz grouse Problem. Si soen eis: „Dëst Land ass net méi fräi! Mir kënnen net méi fräi soen, wat mir denken.“ An da si mer bei engem grouse Sujet, der Meenungsfräiheet. An do gëtt et, do gëtt et eng Legislatioun ...

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Hutt Der déi Damm gesinn, déi um 14.00 Auer doënn stoung?

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo.

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Déi hutt Der gesinn?

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo.

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Hutt Der gesinn, wat déi op hirem Panno stoen hat?

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech hunn net gelies, wat se um Panno stoen hat.

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Et wier awer besser gewiescht, Dir hätt dat gelies. Also ech muss éierlech soen, ech froe mech awer wierklech, wou mer hikommen.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, ech weess net, wat do stoung. Et ass elo net den Thema.

(*Brouhaha*)

A, ech weess jo net, wat do drop stoung. Loosst mech mäi Punkt maachen, ech weess jo net, wat op deem Schëld do stoung. Mee bon. Also, de Punkt ass deen hei: Vill Leit soen, datt se net méi fräi am Land kënnen soen, wat se denken. An ech géif soen, datt ass eng Suerge, déi mer elo sollten eescht huelen a weinstens emol analyséieren.

Mir hunn eng Legislatioun hei iwwert d'Incitation à la haine. An dann ass natierlech d'Fro: Wou fänkt den Haass un? Wou komme mer hin domadder? Wat ass eng Incitatioun? Komme mer zu Lëtzebuerg an eng Situatioun e bësse wéi beim George Orwell, wou mer Gedanken- a Gefillsverbiechen iergendwéini hunn? Wësst Der, fir eis ass dat einfach en zentraalt Mënscherecht, d'Meenungsfräiheet. A mir kënnen och net higoen, datt elo fir subjektiv Sensibilitéit Leit hign an den Droit pénal a senger Objektivitéit an a senger Präzisioun, déi e muss hunn, aushiewelen, fir eng Zensur auszeüben. Mir musse scho ganz gutt oppassen, wat mer maachen.





Entweeder mir bekennen eis zur Meenungsfräiheet ... A Meenungsfräiheet - an ech huelen un, dat war esou e Fall -, dat ka wéidoen, do kann ee jo net d'accord si mat allem, mee et ass awer eng Fräiheet! Wie wëllt dann de Leit soen: „Hei, dat do dāerfs de soen an dat do net!“ Well mir komme soss an eng Logik, déi eis ganz séier an en Totalitarismus eraféiert. Mir denken, datt esou Gesetzer iwwer Hatespeech an esou weider, Incitation à la haine, musse ganz prezis sinn, fir eebe kloer ze soen, wat mer denken, wat mer gär hätten a wat mer net wëllen. Awer mir dāerfen dach net higoen an elo ëmmer méi an eng Inflation kommen! Et ass dach dat, wat mer och international gesinn. Mir gesinn dach iwwerall op der Welt, datt mer elo do eng „cancel culture“ hunn, déi ëm sech gräift a wou dann op eemol och op den Universitëten d'akadeemesch Fräiheet fort ass. Datt d'Konscht ageschränkt gëtt, datt Monumenter ofgerappt ginn, datt Stroossen ëmgedeelt ginn, well et iergendengem dann net passt. Et ass dach net dat, wat mer gär hätten!

A mir mussen oppassen hei am Land, ...

#### (Interruption)

... mir mussen oppassen hei am Land, nee, loosst mech. Et ass net nëmmen, datt mer déi Legislatioun hunn, wou d'Leit sech Suerge maachen driwwer. Mee mir hunn och aner Tendenzen, wou mer fir d'Fräiheet vun der Konscht hei zum Beispill am Land fäerten.

Kuckt, mir hunn ëmmer gewarnt, datt mer kee staatleche Kulturentwécklungsplang brauchen. Dat ass eng sowjetesch Terminologie: de staatleche Kulturentwécklungsplang. Dee Plang, dat ass eppes, dat héiere mer ganz vill, mee mir brauchen esou eppes net. Mir sollen d'Kultur ënnerstëtzen, awer net plangen. Mir kréien Deontologiereegele fir d'Kënschtler, déi sollen ënnerschriww ginn, ...

#### (Interruption)

... Deontologiereegelen, déi mer gefrot hunn, déi mer nach net kruten. Wat steet do dran herno? D'Fräiheet vun der Konscht, déi miesst sech net um Konformismus. Déi miesst sech um Widdersproch, um Widdersproch vun der Konscht, um Afrostelle vu gesellschaftleche Faiten, déi vläicht jidderengem gefallen, mee déi awer kënnen iwwer eng Provokatioun a Fro gestallt ginn. An dat ass eng fräi Gesellschaft. An dat solle mer och wëllen.

Wéi gesot, mir brauchen et jo net gutt ze fannen. Awer d'Leit solle kënnen soen an denken a maachen, wat se dann awer fir gutt fannen, natierlech am Kader vun deem, wat mer da vertriede kënnen.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Wien hat do scho méi eng Klo?

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Awer net do eng Zensur aféieren.

#### (Interruption)

An de Familljen, do huet d'Regierung eng ganz Partie Propositionne gemaach. Dat begréisst mer prinzipiell. Wéi gesot, mir kucken eis dat dann un, wann et esou wäit ass. Dir wësst, mir hätte gären d'ADR-Elteregeld, ganzdaags, an d'Leit kënnen wielen: Gi se schaffen oder bleiwe se ganz doheim, fir sech ëm hir Kanner ze këmmere? Dir hutt do eng Reegelung an de Raum gestallt iwwer Deelzäitméiglechkeeten. Mir kucken eis dat un. Wéi gesot, mir géife gär absolutt de Famillje Souveränitéit ginn, fir kënnen selwer iwwer hire Liewensmodell ze decidéieren. Dat ass d'Absicht vun deem, wat mer wëlle maachen.

#### (Interruption)

A wësst Der, d'Familljen, mir hu jo gesinn, wat Gambia an deene leschte Jore gemaach huet, dat ass zum Deel abstrus, déi Ideologiséierung vun der Famill. De Parent 1, de Parent 2, den Autre parent de naissance, Personne qui a accouché de l'enfant, an esou weider an esou virun. Déi Ouverturen, ob-schonn hei keen et wëllt zouginn, Richtung Leihmutterchaft a PMA avec tiers donneur, alles dat si geféierlech Entwécklung fir d'Famill. Alles dat, dat wëlle mir als ADR och an dëser Ried kloer soen, droe mir net mat! Mir ënnerstëtzen d'Familljen. Mir maachen d'Famillje gär staark. Mir hätten och gär eng natalistesche Familljepolitik hei am Land, de Contraire vun deem, wat d'Madam Cahen eng Kéier gesot hat.

Mir wëllen eng gesond Alterspyramid hei am Land, eng gesond demografesch Entwécklung, ouni vun der Immigratioun ofhängeg ze sinn. Dat ass, mengen ech, och eppes, wat mer eis musse virhuele fir eng familjefrëndlech Politik.

Wann ech nach een Abléck kann zrëckkommen, dat schénge mir och ganz wichteg ze sinn, op d'Kannergelddiskussioun. Mir haten elo e puermol héieren, datt d'Kannergeld indexéiert gëtt. Dat begréisst mer ausdrécklech. Mir hätten awer gär als ADR, datt et och nodréiglech indexéiert gëtt an zwar, datt mer zrëckgi bis 2006. An an deem Sënn wollt ech hei nach eng Kéier eng Motioun hannerleeën. Wannechgelift, Här President.

#### Motion 3

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest,*

- datt d'Covidpandemie fir vill Familljen, Kanner an och Jugendlecher eng grouss finanziell Erausforderung war an zum Deel nach ëmmer ass;

- datt déi automatesch Indexéierung vun de Familljeprestatiounen 2006 ofgeschaaft ginn ass an datt d'Reformen, déi zënterhier ëmgemat goufen, net genuch positiv Suite fir d'Kafkaaft vun de Famillje bruecht hunn;

- datt d'Regierung decidéiert huet, d'Indexéierung vum Kannergeld eréischt vum 1. Januar 2022 un ze applizéieren;

- datt d'Regierung eng retroaktiv Indexéierung vum Kannergeld ofleent, déi awer ville Familljen hëllef kéint, déi finanziell Konsequenze vun der Covid-pandemie besser ze bewältegen,

fuerdert d'Regierung op,

- de Wäertverloscht, deem d'Kannergeld zënter 2006 erfuer huet, vum 1. Januar 2022 u voll auszegläichen.

(s.) *Fernand Kartheiser.*

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Eng aner Bemierkung, déi ech och nach wëll maachen, wa mer vun der Gesellschaft schwätzen, dat ass déi leider traureg Entwécklung vum Antisemitismus, déi mer hunn. Dat ass eppes, wat mer net kënnen akzeptéieren. Do gëtt et leider ëmmer erëm Entwécklung vu Verschwörungstheorien, zum Deel och Schmierereien an esou weider an esou virun. Dat ass einfach net ze akzeptéieren.

An do wëlle mer verweisen op d'EU-Parlament. Dat huet recommandéiert - ech mengen, et war d'Parlament -, datt déi eenzel Staate sech sollen en Antisemitismus-Beoptraagte ginn. Dat huet Lëtzebuerg awer bis elo net gemaach. A mir wëllen awer, datt mer déi Iddi vum Europaparlament erfëllen. An an deem Sënn wëlte mer och hei eng Motioun hannerleeën. Wannechgelift, Här President.

#### Motion 4

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*constatéiert,*

- datt de Phänomeen vum Antisemitismus zu Lëtzebuerg staark verbreet ass an et duerch d'Coronapandemie zu enger Heefung vun antisemittesche Verschwörungstheorië komm ass;

- datt et inakzeptabel ass, datt Leit, déi sech zum jiddesche Glawe bekennen, hee ze Lëtzebuerg, an dat 76 Joer nom Enn vum Zweete Weltkrich, Affer vun antisemitteschen Messagen a vu Gewalt ginn;

- datt antisemittesch Strofdote bis elo net als solch vum Lëtzeburger Staat registréiert ginn;

- datt zu Lëtzebuerg jiddesch Arichtungen net genuch géint potentiell Uschlei geschützt sinn;

- datt et zu Lëtzebuerg ganz allgemeng u fiabelen Donnéeë felt, fir den Antisemitismus effektiv bekämpfen ze kënnen,

fuerdert d'Regierung op,

- der Recommendation vum Europaparlament nozekommen an d'Funktioun vun engem Antisemitismus-Koordinator ze schafen, deem derfir verantwortlech ass, fir déi ënnerschiddlech Moosssname géint Antisemitismus ëmzesetzen;

- ee Moosssnamekatalog géint Antisemitismus opstellen.

(s.) *Fernand Kartheiser.*

Dann nach zu engem ganz groussen Deel vun den Diskussiounen. Ech wollt - jo, ech hunn nach e bëssen Zäit -, ech wollt nach soen, datt mir eis och wëlle fir d'Bauern an d'Wënzer asetzen. An do ass eppes ganz Wichteges, wat mer wëllen ënnersträichen. Net nëmmen, datt mer hinne steierlech Liichtegkeet wëlle ginn, fir gutt Jore mat schlechte Joren auszegläichen, datt mer do eng gewësse Flexibilität wëllen hunn. Mee mir wëllen och betounen, datt mir net dermat d'accord sinn, datt Drock op déi Leit ausgeübt gëtt, zum Beispill, wat se sollen ubauen.

Et ass ganz wichteg, datt d'Bauern an hirer Qualitéit als Entrepreneur - si hu jo Entreprises, si musse kënnen dovunner liewen - musse selwer hir Decisiounen huele kënnen, wat se wëlle maachen. A mir ginn net an déi Richtung, datt mer hinnen elo iergendwéi do wëlle virschreien, wat se sollen ubauen, wéi se et sollen ubauen, mat wéi enge Methoden, déi och all hir Nodeeler hunn. Dat ass wierklech eppes, wat mir net guttheeschen. Mir hätte gär manner Bürokratie fir d'Bauern, well dat ass schrecklech belassend, wat do ass, an och manner Kontrollen. Wivill Gesetzer hate mer hei an der Chamber, wou mer gestëmmt hunn, datt d'Police de jour et de nuit kann do andréng fir ze kucken, ob iergendeen Dëppchen Dünger do steet? Al-

les dat ass eng Attitüd géintwuer de Baueren, déi mir net approvéeieren. An dofir denke mer, datt mer do sollten eng nei Approche huelen.

Änlech bei de Fëscher a bei de Jeeër: Wann ech déi Debatten hei kucken an de leschte Joren, do gëtt et dacks esou duergestallt, wéi wann dat Feinde vun der Natur wäeren. Dat ass absolutt net wouer. A mir musse kucken, datt mer mat deenen zesumme Weeër fannen, natierlech fir d'Juegd an d'Fëscherei schounend ze bedriwen, mee och fir ze valoriséieren, wat se maachen, nämlech och en aktive Baitrag zum Naturschutz.

Ekonomie an Industriepolitik. Ech si frou, datt den Här Minister Fayot hei ass, well dat ass och eppes, do feelt et eis ganz kloer un Ambitiounen. Mir hunn elo héieren, datt do soll e bësse gekuckt gi mat den Aktivitéitszonen. Mee säit Jore gëtt dat ugekënnegt an et ass ni eppes geschitt. Aktivitéitszone fir eis Kleng- a Mëttelbetriber, do si mer néierens dru bis elo.

Den Nowuess am Handwerk ass e grouse Problem. D'Qualitéit vun der Formation professionnelle, do huet d'Handwerk selwer missen derfir surgen, aus Nout, well et beim Staat net zefridde war, mat deene staatleche Prestatiounen. Mir hätte gär einfach, soe mer mol, eng volontaristesche Politik fir eis lokal Kleng- a Mëttelbetriber, mee och, fir Industrie unzesidelen.

Mir hu Léiere gezunn an der Pandemie. Mir hu gesinn, wat feelt an Europa, nämlech cheemesch Industrie, pharmazeutesch Industrie, elektronesch Industrie, wou mer komplett ofhängeg sinn zum Deel vu China oder vun anere Länner. Jo, da kommt, mir entwëckelen als Europäer, wou och Lëtzebuerg en Deel bäidréit, eng Reindustrialiséierungspolitik, wou mer kënnen eis aktiv abréngen. Mee dat gesi mer net an. Dat ass wierklech schued, datt mer do einfach ganz, ganz modest optrieden an net higinna wierklech probéieren, och Industrie hei op Lëtzebuerg ze bréngen.

Et gëtt ëmmer geschwat vun der Diversifizéierung vun der Ekonomie. Mee dat kann net nëmmen digital sinn. Et kann net nëmme Finanzplaz sinn. Mee mir mussen och an anere Secteure kucken, datt mer eis diversifizéieren.

D'Finanzplaz, do huet den Här Gramegna de Moien nach vill driwwer geschwat. Mee och do gëtt dat schéi gemoolt, méi schéi gemoolt, wéi et ass. D'Lëtzeburger Finanzplaz ass zrëckgefall international. Mir sinn net méi ënnert deenen 20 wichtigsten Finanzplazen op der Welt. Am Beräich vun der Financial Technology leie mer nach weltwäit op 55. Plaz no engem Ranking, deen elo virun engem Mount erauskomm ass. Dat ass alles anescht wéi gutt a mir mussen einfach och do Efforte maachen, fir eis besser opzustellen.

Mir sinn als ADR och net dermat d'accord, datt permanent probéiert gëtt, de Pensionsfond ze gängelen. De Pensionsfond muss och kënnen schaffen. E muss kënnen profitabel schaffen am Interessi vun deene Leit, déi herno vu senge Prestatiounen ofhängeg sinn. An dofir ass et och wichteg, datt mer en net permanent politiséieren, well en awer muss kënnen mat enger gewësser Onofhängegkeet an an der Erfëllung vu sengem Mandat schaffen.

D'Ëmweltpolitik, domadder halen ech dann op, well dat ass nämlech e grouse, grouse Sujet, an dofir hunn ech mer dee fir de Schluss gehalen. An do wëlle mer och e puer Kommentare maachen, wa mer elo kucken, wéi sech déi ganz Zeen entwëckelt. Wéi hu sech an de leschte Joren d'Diskussiounen, d'Ëmweltsujeten entwëckelt, mat wéi enge Methoden, mat wéi engen Ziler? An do musse mer mol soen, mir stellen eng Radikaliséierung vum Discours awer fest. Et ass schonn esou, datt Schoulstreiken an aner Forme vun ugekënnegtem zivillem Widerstand an esou weider zouhuelen. Woubäi ech bei de Schoulstreike wëll soen, datt mir net d'accord si mat staatlech gesponserte Schoulstreiken. Et gëtt eng Schoulpflicht hei am Land an déi soll agehale ginn!

Mee et gëtt schonn eng Radikaliséierung, souwuel beim Klimaschutz wéi bei de Juegdgëigner, bei aneren och. An et gëtt en eesäiteg alarmisteschen Discours. An do derhannert ass schonn e bëssen eng virsätzlech Politik vun der Angscht. Et gëtt Angscht verbreet. Dat ass eppes, wat mir net akzeptéieren. Et brauch een an Ëmwelt- wéi an anere Froen eng rational Approche, well Ëmweltfroe sinn, wéi vill anerer, kann dacks wëssenschaftlech Kontroversen, a si mussen och kënnen als wëssenschaftlech Kontroversen diskutéiert ginn, mat den Argumenter fir eng Léisung oder fir eng aner Léisung. An net fir ze soen: Et ass eng Léisung, et ass een Zenario, et muss elo dat sinn! Dat ass einfach der Seriositéit vun de Sujeten net ugepasst.

Déi akadeemesch Fräiheet muss erhale bleiwen. Wéi dacks gesi mer, datt Projekte finanzéiert ginn, wa se ideologiekonform sinn, an datt aner Projeten net finanzéiert ginn? Dat ass eng Fro vun der Wëssenschaftsfräiheet, an och déi muss erhale bleiwen.

Mir brauche keng Afrostellung vun eisem System, vun eisem ekonomesche System. An dat ass

eppes, wat mer ëmmer erëm och bei deene Fridays for Future an aneren héieren. Dat ass, datt do wierklech ëmmer méi u Planwirtschaft geduecht gëtt, un eng Limitatioun vun eise perséinleche Fräiheeten, e bëssen en ekosozialistesche Gesellschaftsmodell. Wou een dann héiert, mir hätte gär „system change, not climate change“. Dat ass de Slogan. Mir wëlle kee „system change“. Mir vertrauen op d'Kraaft vun eisem ekonomeschen a gesellschaftleche System, fir kënnen all d'Ëmweltdefien effikass unzegoen.

Déi radikal Virstellungen, kontrolléiert Limite vun der Bewegungsfreiheet, Konsumverzicht, Verzicht op Hausdéieren, fundamental Ännerunge vum Liewensstil an esou weider, dat gëtt et ëmmer méi. A mir musse wierklech oppassen, datt mer och an deem Kontext d'Fräiheet behalen.

Mir si fir Ëmweltschutz, engagéierten Ëmweltschutz, rationalen Ëmweltschutz, alles, wat Der gär hätt, awer mir halen drop, datt mer eise System en tant que tel preservéieren, mat eise Fräiheeten. Dofir ass et och wichteg, datt mer déi finanziell Consideratiounen net vergiessen.

Ech fänken emol u mat der Kuelendioxidsteier. Dat ass jo eppes, wat extreem deier ass. Et gëtt, an dat ass och gutt, fir déi Ärmst kompenséiert, awer et ass eng riseg Belaaschtung fir d'Leit. An déi Belaaschtung wiest vu Joer zu Joer. An dat ass eppes, wou mir gesot hunn als ADR: Mir wëllen déi Kuelendioxidsteier net. Mir wëllen, datt se ofgeschaaft gëtt. Ech kommen herno och nach op e puer Argumenter dofir.

Alternativ Energien hu vill Problemer. An ech wëll vläicht profitéieren, fir déi Theorie ze widerleeën, déi och opgestallt gouf vun e puer Virriedner. Dat ass, datt déi Flambée vun de Gaspräisser näischt mat der grénger Politik ze dinn hätt. Dat ass falsch!

Firwat? Well alternativ Energië si volatil. Si kënnen net permanent déi néideg Energie liwweren, déi mer brauchen. Also brauch et Backup-Energien. Jo, Backup-Energië kënnen nëmme fossill oder nuklear sinn. Bei fossill, do gëtt et en engagéierte Kampf géint d'Kuel, a bei nuklear gëtt et e genausou engagéierte Kampf géint d'Atomkraftwierker. Da bleift de Gas. De Gas ass de Backup, deen am Abléck och vum Här Turmes genannt gouf an der Chamber als déi Alternativ, déi nach akzeptéiert gëtt. Dat heescht, et geet alles an de Gas. An domadder klammen d'Präisser natierlech!

Dat heescht, déi gréng Politik, déi dréit net nëmmen iwwert d'Kuelendioxidsteier, mee och strukturell derzou bäi, datt d'Gaspräisser héich ginn an och héich bleiwen. Dofir ass dat net nëmmen temporaire. Dat ass och strukturell an dat bleift och esou.

D'Dekarboniséierung, do wëll ech lech och kloer soen: Jo, mir sinn och do derfir! Et ass och einfach ze schued, fir esou wäertvoll Saache wéi Kuel oder Gas oder wat och ëmmer ze verbrennen.

Mir mussen aus deene fossillen Energië lues a lues erauskommen, awer mir mussen dat vernünfteg maachen. A vernünfteg heescht, datt mer zu all Abléck eng zuverlässeg Versuergung vum Land musse kënnen garantéieren, datt mer d'Gefor vum Blackout ausschleissen. Dat ass wierklech en Defi u sech. Mir mussen déi Lëtzeburger Kompetitivitéit ..., déi muss erhale bleiwen. Well wa mir elo higinna mir reduzéieren do eis fossill Energien oder mir erhéien d'Präisser, fir aus de fossillen Energien erauszekommen. Da kann d'Kompetitivitéit vum Land natierlech direkt dorënner leiden. Mee mir mussen och kucken, datt déi privat Stéit ni a finanziell Problemer kommen. Dowéinst, dat sinn dann déi sozial Moosssnamen, d'Energieprekaritéit an esou weider. Dat muss eng grouss Prioritéit sinn.

Mir dāerfe keng Aschränkung vun den individuelle Fräiheeten akzeptéieren op deem Wee. A mir dāerfe keng ekonomesch Rezessioun oder sozial Abousen a Kaf huelen, fir eist Zil ze errechen. A Steier-erhijunge, fir d'Leit ëmzeerzéien, dat kënn fir eis net a Fro. De Staat ass net do, fir d'Leit ëmzeerzéien.

Mir wëllen eng Ëmweltpolitik ouni Ideologie. An dat ass absolutt méiglech mat ganz vernünftegen Iwwerleeungen. Ech hunn e Beispill matbruecht.

Kuckt, wa mer wëlle wierklech d'Emissionen reduzéieren, da kënnen mer dee Wee goen, deen hei d'Regierung seet: Mir setzen all Secteur ënner Drock, d'Bauern a jiddereen, fir do eis Emissionen ze reduzéieren an dann hei an do ze rechnen an da Wandmillen opzustellen. Dat ass ee Wee, jo.

Mir kënnen awer och higoen an e bësse méi wäit denken. Ech wëll elo just hei verweisen op eng rezente Etüd. Déi ass vun der Universitéit vu Colorado an déi huet elo mol gekuckt, wou op der Welt bei der Energieproduktioun, bei der Elektrizitätsproduktioun am meeschte Kuelendioxid produzéiert gëtt. Ma do kënn derbäi raus, datt 5 % - 5 %! - vun de Centrales électriques, déi et op der Welt gëtt, 73 % vun den Emissionen ausstoussen. 5 % vun den Zentralen, 73 % vun den Emissionen. Dann ass et jo awer u sech logesch, datt een higeet a kuckt, fir déi ze sanéieren, prioritär! Wann een déi sanéiert,





huet een ee grouse Problem vun de Weltemis-sioune scho geléist, op jidde Fall drastesch redu-zéiert!

Eng dovunner ass zum Beispill a Polen. Well wann Der déi Etüd kuckt hei vun der Universitéit vu Colorado, da gesitt Der, datt zéng Entreprises op der Welt eigentlech do haaptverantwortlech sinn. Dat sinn der jo net vill. Da kéint een zum Beispill hi-goen, déi polnesch am Kader vun engem EU-Effort sanéieren, wou mir eis géiffe finanziell bedeelegen. Dat géif een urrechne loossen an dann hätte mer wäit méi Zäit a méi Flexibilitéit, fir eventuell natio-nal Klimaziler ze erfëllen, a mir hätte scho vill ge-maach, fir Kuelendioxidemissiounen op der Welt ze reduzéieren.

Wat de Punkt ass vun dëser Argumentatioun, dat ass, datt mer dach sollten higoen a mat der Wë-senschaft goen; datt mer immens vill kënne maa-chen, ouni enorm finanziell Mëttelen do ze mobili-séieren; datt mer vill méi kënne erreechen, wa mer cibléiert do angräifen, och an internationaler Ko-ordinatioun, wou de Problem am allgréissten ass.

Wësst Der, et ass scho substanzieel. Wa mer elo soen: „Mir ginn iwwer eng Milliard d’Joer fir de Klima aus“, da musse mir eis froen: Wat maache mer mat deene Suen? Setze mer se esou gutt wéi méiglech an oder gi mer se aus fir Saachen? An dat huet ganz den Uschäin, wou mer hei am Land im-mensen Drock ausüben oder Suen an d’Ausland gi mat internationale Klimafongen, wou mer awer op aner Manéieren e vill méi groussen a vill méi séie-ren Impakt kéinten hunn, fir d’Kuelendioxidemis-siounen op dëser Welt ze reduzéieren.

De Kampf géint den Tanktourismus ass eppes, wat mir och an deem Kontext net kënne verstoen. Fir-wat op budgetär Recettë verzichten, just fir datt elo zu Arel oder zu Tréier getankt gëtt? Et ass dem Klima weltwäit jo komplett egal, wou getankt gëtt. Awer et ass eis net egal, ob mer budgetär Recetten dofir hunn oder net. Dofir ass dat en Ierwee.

D’Elektromobilitéit, déi hei esou finanzéiert gëtt, esou subventionéiert gëtt, déi ass voll Problemer! Voll Problemer! Et fänkt u mat der Kanneraarbecht, eppes wat hei ausgeblent gëtt, well et lech poli-tesch net passt. Mee et ass einfach eng Wourecht, datt am Kongo Kanner exploitéiert ginn!

*(Interruption par Mme Josée Lorsché)*

Jo, jo, dat ass lech egal, ech weess.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Wannechgelift.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Eis ass et net egal, datt Kanner ausgebeut ginn an de Kobaltmin-nen, datt am Chile de Lithium zu groussen Ëmwelt-problemer féiert. Alles dat schéngt lech an der Dis-kussioun net ze interesséieren. Eis interesséiert et! An duerfir soe mer: Mir sollen d’Elektromobilitéit net subventionéieren, soulaang déi Problemer, déi domat verbonne sinn, soulaang déi net geléist sinn. An da kann een eventuell drun denken, wéi mat de Batterien an esou eppes, fir esou eppes ze subven-tionéieren. Mee och da géife mer soen, ... Oder eng Mobilitéitsléisung muss sech och kënne um Maart duerchsetzen. Mir kënne jo net permanent subven-tionéieren!

Alternativ Energië produzéiere ganz wéineg Stroum.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Entschëllegt, Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo?

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Er-laabt Der, dass d’Stéphanie Empain lech ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, sécher.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Et gëtt lech och net ugerechent, selbstverständlech.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, dat ass ganz fein. Villmools merci.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Merci, Här Kartheiser. Ech wollt just froen, well dat e Sujet ass, deen Dir ëmmer erëm opbréngt ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Wësst Dir, respektiv wat haalt Der vun der Informatioun, dass fir Diesel hierzestellen, Pétrol ze ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Fir wat, pardon?

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- ... Diesel hierzestellen, och Kobalt gebraucht gëtt?

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Kuckt, ech ... Also, wësst Der, Energieproduktioun ... Nee, ech komme mer e bësse vir wéi am Cours élémentaire d’écono-mie. Also gutt.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Nee, ech wollt just eng einfach Äntwert op d’Fro, ...

■ **Une voix**.- Penibel!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Firwat stéiert ...? Oder ech formuléiere meng Fro anescht.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Firwat stéiert et lech net, dass Kobalt a grousssem Mooss benotzt gëtt, fir Diesel a Bensinn hierzestellen? A fir-wat stéiert et lech bei der Elektromobilitéit? Ech wëll elo net hei e Whataboutism ufänken oder wat och ëmmer, ech wëll just wëssen, firwat et lech bei deem engen Auto esou stéiert a bei deem aneren net.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Wie seet dat, datt et mech bei deem enge stéiert a bei deem aneren net? Hunn ech dat gesot?

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci! D’Fro ass gestallt an ech waarden op d’Änt-wert.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, voilà. Also, d’Äntwert ass ganz einfach: All Form vun indus-trieller Produktioun warscheinlech an all Form vun Energieproduktioun huet strukturell Nodeeler. An dat ka si bei Ueleg, bei der Pétrolsproduktioun, bei der Gasproduktioun, do sinn iwwerall Problemer och fir d’Ëmwelt.

Mee hei ass eppes, wat mech fundamental stéiert: Mir wëssen, datt bei der Kobaltproduktioun eebe Mënscherechter massiv verletzt ginn. An dann hänkt et dervun of, ob déi verschidden Industrien, déi eis mat Pétrol, mat Diesel oder egal wat beliw-waren, kënne noweisen, a wéi enger Form dat ge-maach ginn ass. Hei, bei der Elektromobilitéit, do hu mer de Problem, datt dat eng Zone grise ass. Mir wëssen et net!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Dann änt-wert einfach op meng Fro!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Dat heescht, mir wëssen, datt et ass ...

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Äntwert mer op meng Fro!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Lauschtert, Madamm Empain, ech sinn amgaang lech ze erklä-ren, wou de Problem läit. Dat heescht, ...

*(Brouhaha)*

Nee, nee. Et muss een och kënne nolauschteren!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- E läit bei lech, Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ech hunn Är Fro nogelauschtert, da lauschtert Dir d’Äntwert no. Ech mengen, ... Also ...

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Wann dat Är Äntwert op d’Fro ass.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Dat heescht, dat heescht, mir musse kucken, bei deene verschidde-nen Energiequellen: Wéi - an dat ass jo och an der Liwwerkettendiskussioun -, wéi komme mer un déi Saachen?

Dat Zweet ass: Subventionéiere mir dat als Staat oder net? A wat sinn d’Konditiounen fir eis, fir als Staat gewësse Weeër ze subventionéieren, dat heescht, steierlech ze ënnerstëtzen oder net? A wa mir elo higin a mir ënnerstëtze steierlech eng Energieform, vun där mer wëssen, datt eebe Mën-scherechtsproblemer domat verbonne sinn, dann hunn ech e Problem als Bierger vum Land. Well ech soe mer: De Staat därfat dat net!

Ech weess net, wann ech den Diesel hunn, do hunn ech keng Indicatioun - et ass op jidde Fall net bewi-sen -, datt wann ech mäin Diesel op der Tankstell huelen, datt ech domadder eng Mënscherechtsver-letzung beginn. Wann Dir et kënnt beweisen, fein!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Ma da maa-che mer dat. Dat ass dann ...

■ **M. Yves Cruchten** (*LSAP*).- Mir féieren zënter 100 Joer Krich wéinst dem Pétrol op der ganzer Welt!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Bei der Elektromobi-litéit wësse mer et, an dat ass den Ënnerscheed! An dofir soe mir: Dat gëtt net subventionéiert, well mir wëssen, datt domadder esou Problemer ver-bonne sinn. Genau esou wéi bei deenen alternati-ven Energien.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Dat war net d’Äntwert op meng Fro!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Madamm Empain, Dir musst lech domadder zefridde ginn.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Dat war net d’Äntwert op meng Fro an dat halen ech fest!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Wannechgelift!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Dat war einfach e Mansplaining vum Här Kartheiser!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Dann, dat Zweet ... O, Här Clement! Wësst Der, iergendwou misst de politeschen Opportunismus seng Grenze fannen, also och bei lech.

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Jo, mee déi hu mer nach net fonnt.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Den nächste Punkt: d’alternativ Energien. D’alternativ Energien,

déi hu jo och kéipweis Problemer. Mir hu mat deene Wandmillen a Fotovoltaikanlagen, déi déi gréng och subventionéieren, e Problem mat raren Äerden - mir hu ganz vill Problemer! -, si sinn net recyclabel ...

*(Hilarité)*

A wann een Ëmweltpolitik bedreift, mengen ech, datt een all déi Aspekter och sollt mat diskutéieren.

Voilà! Ech soen lech op jidde Fall Merci. Et war ganz interessant, op Är Froen a Reaktiounen ze rea-géieren. Villmools merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

*(Brouhaha général)*

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d’État*.- ... dat war mer nach ni virkomm. Bonne chance, Madamm Cechetti!

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Merci, Här Bettel!

*(Hilarité)*

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci, Här Kartheiser. Domat huet d’Wuert d’Madamm Myriam Cecchetti fir déi Lénk.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Ech muss mech elo e bësse sammeln hei. Ok.

Här President, et gëtt een d’Impressioun net lass, datt, no aacht Joer Regierungsaarbecht, dem Premierminister gëschter fir seng Ried d’Aen oppgaange sinn an hien elo all déi Krise fir sech ent-deckt huet, déi eist Land elo scho joerzéngtelaang belaa-schten. Dir hutt jo gesot, Dir géift lech freeën!

*(Hilarité et interruptions)*

Scheinbar ass déi Erkenntnis elo endlech do! Mee d’Léisungsvirschléi si keng esou richteg komm. A wann een de Mueren dem Finanzminister noge-lauschtert huet, dann huet dat eis Unnam bestä-tegt.

D’Regierung sëtzt nämlech am Schaukelstull op der schéiner Musel an de Riewen, genéisst e gudde Patt a bewonnert de bloen Himmel.

Ech erlabe mir, dës Ried elo an dräi Bléck anzedeelen: eng Momentopnam, d’Politik, wéi se elo ass, an envisageabel a batter néideg Léisungen.

Am éischten Deel géif ech ganz gär op den Zou-stand vun eisem Land a vun eiser Gesellschaft agoen. D’Lëtzebuurger Land ass e Land mat grou-sen Erausfuorderungen, wéi d’Logementskris an d’Ëmweltkris, fir der mol zwou direkt ze nennen. Donieft gesi mer, éierlech gesot, nach ëmmer keen esou e richtigen Auswee aus där sanitärer Kris an domadder och keng Verhënnerung vun eventuell enger neier sanitärer Kris, vläicht net wéinst Covid, mee wéinst iergendenger anerer Epidemie.

Well wat d’Entwécklungen am Gesondheitswiesen ugeet, sti mir haut d’selwecht do, wéi virun der Pan-demie. D’Perspektivlosegkeet bei ville Jonken ouni déi passend Qualifikatioun um Aarbechtsmaart, déi fir vill Schouloubréch responsabel ass, mécht eis och vill Suergen.

D’Lëtzebuurger Land ass e Land mat enger ëmmer méi ongläicher Gesellschaft: Eng Minoritéit gëtt ëmmer méi räich an ëmmer méi grouss Dealer vun der Bevëlkerung rutschen an d’Aarmut. De Premier-minister huet et gëschter selwer gesot am Bezug op de Logement. De Logement ass natierlech e ganz schlëmmen Auswuess vun de wuessenden Ongläichheeten, déi sech awer duerch sämtlech Beräicher zéien an eis zur Konkusioun brénge mussen, datt mir eng sozial Kris hunn.

Besonnesch déi schaffend Leit mat prekärer Aar-becht a prekäre Léin, déi sogenannte Working Poor, hu wéineg bis guer keng Perspektiven a kom-men absolut net oder knapps iwwert d’Ronnen. Net jiddereen huet Accès zur Gesondheet. Nach ëmmer gëtt et am räiche Lëtzebuerg Leit ouni Couverture sociale. Eng genee Zuel kënne mir leider net nen-nen. Déi meescht Leit, déi hei concernéiert sinn, rut-schen nämlech duerch sämtlech Lächer vum Sozial-netz a gi vun der Zivilgesellschaft opgefaangen.

Médecins du monde, déi sech ëm dës Leit këmme-ren, kruten den Optrag a verstärkt Mëttelen vun der Regierung, dëst während der Pandemie och weider-hin ze maachen. Fir si interesséiert sech och keen an der Regierung, soss hätte mir schonn eng Zuel fonnt a vläicht och schonn eng Léisung fir de Pro-blem.

Net jiddwereen huet déi selwecht sozial an eko-nomesch Viraussetzungen, fir an der Schoul gutt virunzekommen. Déi schoulesch Ongläichheete bauen op deene sozialen Ongläichheeten op. De Bagage, fir gutt duerch d’Schoul ze kommen, kënnt bei ville Schüler vun doheem, dat heescht, vun den Elteren, déi d’Zäit an d’Fäegkeeten hunn, fir bei den Aufgabe kënne ze hëllefen. Mee och d’Wunnsituatioun an déi finanziell Moyenen doheem bestëm-men d’Chancen, gutt duerch d’Schoul ze kommen. Wie schlecht wunnt, léiert och éischter schlecht.

D’Pandemie huet dës Ongläichheeten a villen Hisiicht verschäerft, och wann ëmmer erëm d’Mantra vun der

solidarescher Gesellschaft widderholl gëtt. Mir wës-sen och, datt net all Mesurë schlecht waren, mee strukturell huet sech awer nâischt verännert. Leit mat klengem Revenu an nach méi spezifesch Leit, déi vu Sozialhëllef liewen, hu sech éischter uge-stach. Déi selwecht Leit sinn och duebel esou vill hospitaliséiert ginn, wéi déi mat den héchste Reve-nuen. Net all Schüler konnt doheem a Rou an auto-nom ouni Hëllef vun den Eltere säin Homeschooling suivéieren. Verschiddener hunn d’Schlappe verluer a si vun der Bildfläch verschwonnen.

Op där anerer Säit gëtt et awer och ganz kloer eng solidaresch Gesellschaft. Dës Solidaritéit gëtt am Alldag vu ville Leit, déi sech engagéieren, a vu villen Organisationsen, déi Leit an Nout hëllefen, déi hinnen hëllesfbereet zur Säit stinn, gelieft. An d’Stärkte vun dëser Solidaritéit hu sech och be-sonnesch am Lockdown gewisen. Et huet laang ge-dauert, bis si Zougang zum Large-Scale-Testing an zu Schutzmaske kruten. A si sinn och beim Impfen net onbedéngt als vulnerabel Grupp berücksichtegt ginn.

Ouni d’Matwierke vun deene verschiddenen ONGen an Organisationsen aus dem soziale Beräich, wier viles onméiglech gewiescht. D’Gesondheitsperso-nal war onermiddlech am Asaz a bereet, Iwwerston-nen ze schaffen. Fir de Personalangel an de Spi-deeler ze combléieren, sinn Infirmiëresschüler/in-nen agetrueden. Am Contacttracing, an de Schou-len an an den Impfzentre gouf zousätzlech Perso-nal agestallt, fir den Erausfuorderung vu sanitäre Moossname gerecht ze ginn. Nei Aarbechtsplaze sinn do souguer entstanen, allerdéngs just tempo-raire.

Deemools hu se geklappt kritt, an haut? Vill Ense-ignanten hu sech beméit, extra Kommunikatiouns-weeër ze fannen, fir un all hir Schüler ze kommen, besonnesch déi, déi vun doheem aus net konnte gehollef kréien. Mee während dës Solidaritéit geprie-degt gouf an d’Regierung och dauernd u se appe-léiert huet, ass se genee esou séier erëm politesch begruwe ginn.

D’Ministesoch sot nach, et géif kee während der sani-tärer Kris am Ree stoe gelooss ginn. Wéi mir awer gefrot hunn, ob dann deemnächst d’Aféierung vun der Couverture médicale universelle eng Optioun wier, also en universalen Accès zur Fleeg a Gesond-heet fir jiddereen, sot si och, si hätt nâischt der-géint. Mee bis elo huet sech awer nâischt méi an deem Dossier gedoen.

Et gëtt einfach net méi dovunner geschwat. De Large-Scale-Testing, e wirklech saudeieren Dispo-sitiv, un deem sech privat Entreprises domm an dämlech verdéngt hunn, war der Regierung och ni ze deier. Et wier notwendeg, ass betount ginn. Jiddereen, deen do matgemaach huet, war en Deel vun der Léisung, war also solidaresch.

Elo ass et op eemol e Käschtapunkt, deen d’Allge-mengheet fir déi Netgeimpften droe misst, an dat wier hors question. Dat ass e ganz onsolidareschen a geféierlechen Discours an eisen Aen.

D’Situatioun vun haut ass zimmlech ernüchternd: D’Prioritéit vun der Regierung ass, d’Economie erëm un d’Lafen ze kréien, an all aner Problemer - Loge-ment, Gesondheet, Schoul - goufe séier hannendru geréckelt respektiv op d’Ofstellgleis gestallt.

Här President, am Moment féiert d’Regierung ge-nau déi Politik weider wéi virun der Kris - „more of the same“. Dat ass engersäits net verwonnerlech, anerersäits ass et awer trotzdem erstaunlech, wéi séier den Discours vum „This changes everything“ während der Pandemie duerch d’Päif war. All Gefill vun Hoffnung a Wandel, all Ufluch vun Ouverture vun enger anerer Entwécklung gouf am Keim er-stéckt.

Wou sinn dann déi oppe Fënsteren an Dieren, déi de Mif erausblöse sollten an déi fir e Wiessel suerge sollten? Elo gëtt erëm knallhaart gewirtschaft a gläichzäiteg soll versicht ginn, déi sozial Ongläich-heeten ze bekämpfen, Schiflage riichtzebéien a Widderspréch ze léisen, déi de System geschaf huet, mat deem d’Regierung nach ëmmer net wëll briechen.

Ganz flagrant ass dat bei der Santé. All gréisser Froen, déi sech fir d’Zukunft vum Gesondheits-wiese stellen, sollen um Gesondheitsdësch disku-téiert ginn. Dir mengt elo: Ma dat ass dach eng gutt Saach! Mir hunn domadder awer gréisser Proble-mer. De Gesondheitsdësch ass e pseudodemokra-teschen Apparat, dee vun enger Schwäizer Consul-tingfirma esou entworfen gouf, datt déi selwecht Acteuren, deenen hire privaten Interessi iwwert dem Liewen an der Gesondheet vun de Leit steet, déi selwecht also, déi soss ëmmer d’Fiedem ge-zunn hunn, dat och weiderhi maache kënne. Et ass en Trompe-l’œil. Vun esou engem Gremium kann ee sech keng fundamental Ännerungen erwaarden, op d’mannst keng, déi als Zil hätten, den ëffentleche Gesondheitssystem ze stärken.

Iwwregens kann een dat och vum nei gegrenntenen Ernärungsrot soen, well och hei ass de Moment ver-passt ginn, fir de System ze änneren, fir et anescht-ers ze maachen.





D'Pandemie gëtt also an der Realpolitik zu Lëtzebuerg just als eng Klamer gesinn. Déi Klamer huet riseg Schied hannerlooss an der Gesellschaft, déi jo elo mat virugeschleeft a weider verstärkt ginn. Et ass en Hon, datt grad elo, wou ganz kloer gewosst ass, datt déi sanitär Kris de Leit hire mentalen Zoustand verschlechtert huet, de Remboursement vun der Psychotherapie de facto nach net ëmgesat gouf.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*):- Zu Lëtzebuerg hu 7,7 % vun de Jugendlechen tëschent 12 an 18 Joer schonn eng Kéier versicht, sech ëmzebréngen, laut den Zuele vun 2014. Et muss ee fäerten, wann déi neisten Zuele bekannt ginn.

Den internationale Rapport vun der Unicef iwwert d'mental Gesondheet vun de Kanner a Jugendleche fir d'Joer 2021 stellt fest, datt zu Lëtzebuerg - dem räiche Lëtzebuerg! - 16,5 % vun de Jonken tëschent 10 an 19 Joer u mentale Gesondheitsproblemer leiden! Dat sinn 10.975 Jonker!

Den nationale Bildungsberäich deckt op, datt ganz kloer ass, datt et bei der schoulescher Orientéierung vun de Schüler vum Fundamental an de Secondaire eng Korrelatioun gëtt tëschent hiren nationalen Originen, dem Bildungsgrad an dem Akommes vun hiren Elteren. Wie kee Lëtzeburgeresch doheem schwätzt an aus engem Aarbechterhaushalt kënnt, huet minimal Chancen, an de Classeje ze kommen, maximal Chancen an der Formation professionnelle ze landen a gemëschte Chancen op iwwerhaupt iergendeen Diplom aus dem Secondaire.

Eise Schoulsystem ass weeder inklusiv nach effikass, fir de sozialen Ausgläich ze schafen, deen esou eppes wéi eng Chancëgläichheet iwwerhaupt emol ka méiglech maachen: Fréizäiteng Orientéierung vum Fondamental an d'Filière vum Secondaire an déi sozial Diskriminatiounsfacturen, déi bei der Orientéierung matspillen, si mat fir déi vill Schoul-ofbréch responsabel - 8,16 %! Datt heescht, 1.670 Schüler hunn am Joer 2019/2020 d'Schoul ofgebrach. Déi meescht briecheen op Dixième of a majoritär - 55 % - an der Formation professionnelle am Kader vun engem DAP. Dës schoulesch Ongläichheete spigele sech schlussendlech dann och nach um Aarbechtmarché erëm. Dee bitt weëneg Méiglechkeete fir onqualifizéiert Jonker.

(*Brouhaha*)

De Jugendchômage an d'Jugendaarmut ginn dat ze erkennen: 2019 hate 36,7 % vun de Jonken tëschent 15 a 24 prekär Aarbechtskontrakter; am Juli 2021 louch de Jugendchômage bei 17,8 %. Deemoos (veuillez lire: Am August 2020) waren 3.945 Jonker tëschent 16 an 29 op der Sich no enger Aarbecht, vun insgesamt 18.525 Chômeuren.

Jonker ënner 25 Joer ouni Revenu hu kee Recht op REVIS a kee Recht op Kannergeld. D'Kannergeld selwer huet, säit der Reform vun 2006, 22 % u Wäert verluer. Hei ass fir vill Familjen en décke Batz Geld verluer gaangen, op deen ëmmer méi Stéit, notament Alengerzéiender, ugewise sinn. Déi gratis Kannerbetreuer a gratis Kantin, déi de Premier gëschter ugekënnegt huet, änneren näischt un deenen 22 % Verloscht fir d'Kafkraaft vun deene Familjen. Si beräichert just Leit, déi am Crèche-business aktiv sinn, iwwert d'CSA, an an Zukunft och privat Bedreier vu Schoukantinnen, wann den Här Meisch Restopolis da bis privatiséiert huet.

Déi schwierig Lag vun de Jonken um Aarbechtmarché mat deenen héije Chômagezuelen ass vum Hannergrond vun enger allgemenger Prekariiséierung vun der Aarbecht ze gesinn.

De Chômage ass zwar erëm zrëckgaangen no engem Peak am Fréijoer 2020, mee den Undeel vu Leit, déi trotz Aarbecht aarm sinn, ass mat 13,5 % stänneg um klammen. An der EU gëtt et just nach ee Land nieft Lëtzebuerg mat esou vill Working Poor! De Boom vun de befristete Kontrakter, der Interimsaarbecht a mëttlerweil och déi opkommend Tendenz vun enger Überiséierung - also enger Schäiselbstännegkeet - bei bestëmmte Servicer, loosse e ganz batteren Nogeschemaach.

Et sinn och dës Leit - Jonker, prekär Beschäftegter, Alengerzéiender -, déi bei Immobiliepräisser, wou an engem Joer d'Logementer carrement ëm 16,7 % méi deier ginn, ferm ënnert d'Rieder kommen. Hei ass och eppes ganz Erschreckendes feststellen: 20 % vun de Locataire bezuelen en moyenne 50 % vun hirem Revenu fir de Loyer. Dat sinn déi Locataire mat den déifste Léin. Et ass awer och esou, datt 60 %, also eng Majoritéit vun de Locataire, dätlech iwwer een Drëttel vum Revenu fir de Loyer bezuelen. Mir gesinn also eng allgemeng Veraarmung vu Locataire, och vun deene mat anstänneg Léin.

D'Regierungspolitik dréit maassgeblech zu dëser Entwécklung bäi. Well déi grouss historesch Krise sollen duerch den Einzelnen, den Individuum geleist ginn, während de Staat an d'Gemenge sech aus der Verantwortung zéien.

De Premierminister huet gëschter och net duerchblécke gelooss, datt et zu méi déifgräifende Verän-

nerunge soll kommen, fir géint dës Krise virzegoen. Seng Rhetorik ass zwar méi realitéitsno ginn - d'Erkenntnis vun enger ausereendriftender Gesellschaft huet sech him scheinbar och elo erschloss -, mee eng Konsequenz zitt hien doraus net.

Wourobber baséiert nach ëmmer d'Politik vun der Regierung, fir géint déi akut Krisen am Logement oder an der Ëmwelt virzegoen? An éischter Linn op Primmen a steierlech Erliichterunge fir Uschafungen an Investissementen.

D'Elektromobilitéit an den Assainissement énergétique gi bezuschusst, ouni sozial Kritären. Dës huet zur Konsequenz, datt déi wichteg Weichestellungen an der Energie an an der Mobilitéit fir d'Zukunft op privater Responsabilitéit baséieren an domadder och net sozial gerecht kënne sinn. Well wéi mer jo wëssen: D'Majoritéit vun de Leit huet d'Méiglechkeete fir esou en Invest einfach net. Dës Politik verschäerft also déi Ongläichheeten.

Parallel ginn awer och net genuch ëffentlech Gelder investéiert. Et stinn aktuell nach ëmmer 750 Milliounen Euro am Klimafonds. Jo, Dir hutt richteg héieren: 750 Milliounen an der Mouk! Déi Sue missten elo gebraucht ginn, well mir hunn elo d'Urgence climatique, an net eréischt an 10 oder 20 Joer!

A wann de Staat dann d'Subsidie fléisse léisst, da geet de Gros vun deene Suen, déi investéiert ginn, an d'Elektroprimme fir Leit, déi sech dat souwisou leeschte kënne, well déi Working Poor hu weeder Suen, fir sech e Prêt kënne ze leeschte fir eng energeetesche Sanéierung, nach hu si Suen, fir sech en Elektroauto ze kafen, deen zwëschent 25.000 a 50.000 Euro kascht.

Mee dat Schlëmmst ass: Vun deene 35 Milliounen Euro, déi fir national Mesurë virgesi ware fir 2020, goufen der just 16 investéiert, dovunner ronn d'Hallschent, also 8 Milliounen, reng fir Elektroautoen.

Vun deem verschwindend kleng Montant vu 35 Milliounen Euro gouf also net emol d'Hallschent iwwerhaupt investéiert! Wéi steet et da mat der Herkulesaufgab „energetesch Renovatioun“, déi ekologesch, déi sozial esou dréngend noutwendeg ass?

Datt de Staat capabel ass, grouss Zommen ze mobiliséieren, dat gesäit een an engem ganz anere Beräich: 2014, wou déi haiteg Koalitioun ugefaangen huet mat schaffen, huet Lëtzebuerg 210 Milliounen Euro ausgi fir d'Militär. Sechs Joer méi spët, am Joer 2020, huet se dee Montant méi wéi verduebelt an insgesamt 430 Milliounen Euro a Krichsmaterial investéiert. Bis 2024 soll dat dann op iwwer eng Milliard Euro pro Joer uweessen. Sou schnell kann et goen, wann de politesche Wëllen do ass!

Mir géifen eis wënschen, déi 430 Milliounen géifen an d'Energietransitioun investéiert ginn amplaz a Spionagesatellitter an Tankfligeren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*):- Well am Géigesaz zu dem Bedroungszenario vun der NATO, ass d'Klimakris ganz real.

■ **Une voix.** - Ganz richtig!

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*):- Wann een dat weess, da kommen eis d'Ukënnegunge vum Premier awer nawell e bësse moer vir. D'Aberuffe vun engem Klimarot duerch de Premier selwer wierkt op eis wéi eng parallell Klimapolitik, niewent där vun de grénge Ministeren, déi jo mat Klimabservatoire a Klimaplattform och schonn eng Participatioun institutionaliséiert hunn. déi gréng hu sech och bei de sektorielle Klimaziler net kënne duerchsetzen.

Probéiert de Premierminister elo d'Klimapolitik ënner seng Hand ze kréien? Ersetzt de Klimarot also elo d'Klimaplattform? Wat soll dës Rot beschléissen? A wéi fléisst dat an? Wie beschléisst déi Zesummesetzung? Mee virun allem: Gëtt hei op Zäit gespillt? Gëtt déi politesch Verantwortung op d'Bierger ofgewälzt an d'Politik hält dann dozou keng Decisiounen?

Well verschidden Organisatiounen vun der Zivillgesellschaft, déi och schonn am United for Climate Justice aktiv sinn, hu schonn 2019 an 2020 Assemblée-climatique-citoyennes organiséiert. Si sinn elo matzen an engem Prozess, fir dës weiderzeféieren an eng méi laangwierig Assemblée opzebauen, baséierend op de villen Experienzen aus dem Ausland an zemoos vun der Basis aus mat der Biergerbewegung, also bottom-up.

Ass déi Aarbecht dann elo fir d'Kaz? Well de Premierminister annoncéiert jo elo en änleche Prozess mam Klima-Biergerrot. Fir eis stinn hei nach vill ze vill Fragezeichen.

Déi aner Mesure ass scho bal dreist. D'Regierung wëllt elo den CO<sub>2</sub>-Ausstooss vun hiren Auslandsreese kompenséieren. Mol dovunner ofgesinn, datt déi Kompensatiounen jo erwisenerweis ganz oft guer keng CO<sub>2</sub>-Emissiounen reduzéieren an dës Projeten deelweis och nach desastréis Konsequenzen op d'Bevëlkerungen am globale Süden hunn, géife

mir awer soen, datt d'Regierung sech soll, wa méiglech, mam Zuch deplacéieren - oder d'Auslandsmissiounen einfach emol si loosse.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*. - Dat ass schwierig!

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*):- Här President, am Logement besteet eng ganz Batterie u steierlechen Erliichterunge fir Privatleit a Betriber, déi Wunnengen bauen. Den Amortissement accéléré suergt defir, datt d'Loyeren deelweis komplett defiskalisiert ginn. D'Besteuerung vun der Plus-value bei engem Verkauf gëtt um hallwen Taux gerechent. Investitiounen an e Logement gi vun de Steieren ofgesat. De Locataire bezitt se awer oft integral mat am Loyer an an den Niewekäschen.

Wat gouf mat dëser Politik erreecht? Tjo, de Premier huet eis et gëschter gesot: eng zolidd Logementskris!

De Finanzminister sot de Moien, datt sech hei awer soubal näischt änneren wäert. Keng nei Steieren heescht et do. Strukturell soll et an der Logementspolitik also keng gréisser Ännerunge ginn. Dat revidéiert an eisen Aen och d'Ukënnegung vum Premierminister vu gëschter, wat d'Reform vun der Grondsteuer ugeet. Mir erwaarden eis do kee Quantessprong, dat ass sécher, mee mir si gespaant. D'Annonce, datt et elo awer op eemol soll méiglech sinn, eidel Wunnengen ze besteieren, andeem d'Gemeinden déi eidel Wunnengen ermittle sollen, huet eis bestätegt an awer och zum Schmunzele bruecht: Virun e puer Méint, wéi déi Lénk eng Motion zu genau deem dote Sujet bruecht hunn, sinn d'Minister an d'Majoritéitsvertreider heibannen nach een iwwert deen anere gefall, fir eis ze soen, datt d'Gemengen dat net kéinte maachen.

Här President, déi Notioun vun der Responsabiliséierung vun all Eenzelne, stécht bal iwwerall dran. Jiddereen huet säi Schicksal an der Hand! Wien aarm ass, ass selwer schold! Wien d'Schoul net packt, ass net ierigäizeg oder kreativ genuch. Wie beim Akafen net op Labelen oppasst, deem sinn d'Ëmwelt an de Klima egal.

Am Ëmweltberäich fanne mir dat dann och esou erëm bei der CO<sub>2</sub>-Steier, beim Käschendeckungsprinzip beim Waasser oder beim Offall. All Mënsch gëtt hei quasi als Minientreprise gesinn, déi hire Budget optimiséiere kann, esou wéi wa jiddereen all Choix hätt. Mee dat ass iwwerhaupt net esou! Dat ass iwwerhaupt net wouer. Déi meeschte Leit hu kee Choix.

D'Politik vun der Regierung privatiséiert a kommerzialiséiert kärstaatlech Aufgaben: D'Leit gi Clienten, de Staat ass wéi e Betrib, dee mat Marketing d'Leit wéi Konsumenten a bestëmmte Keef an Investitiounen dréckt. Mécht een dat als Mënsch net, dann hat ee Pech, och wann ee guer net d'Méiglechkeeten huet, et ze maachen!

Aus der ëffentlecher Bildung gëtt e Marché, aus Schoule ginn Entrepreneuren, aus Schüler ginn Autoentrepreneuren. International Schools bilde mëttlerweil parallell Schoulsystemer un an offrëieren enger spezifischer Clientèle vu Schüler eng moossgeschneidert Schoulausbildung, déi den normale Schoulsystem anscheinend net kann offrëieren.

D'Spideeler ginn zu 100 % subventionéiert vum Staat, mee gefouert wéi Entrepreneuren: ontransparent an out of reach vun der staatlecher Kontroll. Dat ass d'Gouvernance vun de Spideeler hei zu Lëtzebuerg!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*):- De Virage ambulatoire bitt just nach méi Opportunitéite fir d'Liberaliséierung an d'Auslagerung vun de lukrativste medezineschen Aktivitéiten, déi och net méi fir jiddereen accessibel sinn.

De Staat organiséiert Elektroauto-Werbedokus op der Télee. Kuckt lech se emol un! An da wësst Dir och, wat fir eng Clientèle hei ugeschwat gëtt - sécherlech net déi Working Poor! Et kritt een d'Gefill vermittelte, en Elektroauto mussen ze kafen, fir Deel vun eppes ze sinn. Keen Auto hunn, ass jo langweilig. Nohaltegkeet spillt hei keng Roll. Parallell dozou wierkt de gratis ëffentlechen Transport ewéi e Werbegimmick am Nationbranding. D'Regierung ass domadder méi an der internationaler Press ze gesi gewiescht wéi zu Lëtzebuerg selwer, wou se d'Gratuitéit als e wichtige Bausteen vun enger nohalteger, inklusiver an ëffentlecher Transportpolitik hätt missen erklären. Iwwregens fënnt een am Budget kee Wuert a kee Montant, fir de Bus ze optimiséieren.

Gesellschaftleche Fortschrétt, deen, ausgoend vun engem Kollektiv, nei Rechter an nei Servicer schafft an enger Zäit vu Krisen, schéngt an den Iwwerleeunge vun der Regierung keng Roll ze spillen. Hei ginn ëmmer méi technologesch Gadgets als Incarnatioun vum Fortschrétt verkaaft. An et muss ee se hunn. A well dat alles vill Geld kascht an net jiddweree vill Geld huet, gëtt d'Gesellschaft ëmmer méi gedeelt, gespléckt.

All dës féiert zu enger Zersplitterung vun der Gesellschaft. D'Leit hu keng Upak méi, keng Sécher-

heeten. Dat féiert zu ongesonden Ongläichheeten an dat ass keng Grondlag, fir solidaresch géint Krisen, déi et gëtt, unzekämpfen. Mir hunn nämlech just eng Optioun, fir dës grouss Erausforderung, déi op eis duerkënn, ze packen: An dat ass all zesammen, souwuel de soziale wéi den Ëmweltvolet. Géintenee geet et net. Dat féiert zum Echec!

Zu gudder Lescht wéilt ech dann nach ganz gären op de Volet vun de méigleche Léisungen agoen: Eng Gesellschaft brauch Visiounen; si brauch en Narrativ! Déi stiechen awer net an enger oder méi Appen a Gadgets dran, déi artificiel Besoinen erfüllen. Dës entstinn awer, wann ee sech mat de grouss Froen, mat deene mir konfrontéiert sinn, ausereesetzt.

De roude Fuedem fir eis besteet doranner, datt mir déi bestehend Ongläichheete reduzéiere mussen, datt mir méi Zesummenhalt kréie mussen, fir d'Krise kënne ze meescheren. Dës ka just mat enger solidarescher Gesellschaft goen, an zwar enger, déi keen am Ree stoe léisst opgrond vu soziale Kritären. Eis haiteg Regierung steet awer e bessen esou enger Entwécklung am Wee. Et gëllt elo, sech dës reelle Problemer, déi mir am Klima, am Logement, am Enseignement an an der Santé hunn, ze stellen. Et geet elo drëms, sech déi selwecht politesch Prioritéiten ze setze wéi bei der Pandemie. Mee mir fäerten, datt awer elo schonn un déi nächst Wale geduecht gëtt - d'Gerangels ass jo schonn e weëneg amgaangen -; mir fäerten, datt doduerjer déi grouss Reformen einfach ausstoe gelooss ginn an datt esou duerch der Regierung hire Leerlauf wäertvoll zwee Joer - ganz wäertvoll zwee Joer! - verluer ginn am Kampf géint all dës Krisen.

Et ass ganz kloer, datt wa mir aus dës Krisen erauskomme wëllen, datt dat nëmme mat engem kategoresche Systemwiessel méiglech ass. Wa mir weider esou lieue wéi elo, wa mir weider esou an der Politik fuere wéi elo, dat heescht just kleng Plooschteren op verschidde Wonne pechen, da wäert sech och näischt bis ganz weëneg änneren a mir bludden aus.

Wat sinn dann elo an eisen Aen déi verschidde Léisungen? An der Logementskris muss de Rent-seeking fort; Spekulation op Wunnengen an Terrainen mussen onattraktiv gemaach ginn; d'Mainmise vu privaten Immobiliebesëtzer a Promoteuren op d'Logementspolitik muss zrëckgedréckt ginn an de Staat an d'Gemenge mussen dës Plaz anhuelen a vill méi bauen! Mee well d'Situatioun esou dramatesch ass, mussen och dréngend Mesuren ergraff ginn; déi kleng Ouverture bei der Grondsteuer aleng geet net duer!

Mir brauchen eng progressiv Besteuerung vum Immobiliepatrimoine, esou wéi d'CSL et virun engem décke Joer - et ass schonn ee Joer verluergegaangen! - proposéiert huet. Hei geet et net ëm der Bomi hiert eenzegt Haus oder Appartement oder deen eenzege Terrain, deen an der Famill gehale gëtt fir d'Kanner! D'Besteuerung vun eidele Wunnengen oder broochleienden Terrainen dierf also net op déi laang Bänk gedréckt ginn.

Den Amortissement accéléré muss komplett ofgeschafft ginn, dee mat décke Steierkaddoen de Bau vun onbezuelfbarem Wunnraum finanzéiert. Dës féiert zu enger Lose-lose-Situatioun fir d'Algemengheet.

Parallell dozou mussen déi staatlech Promoteuren an d'Gemenge méi bauen. Mir striewen 10 % Mengemietwunnengen bis 2030 un. Eise Berechnungen no missten dofir 2.500 Wunnengen d'Joer gebaut ginn, fir 2030 zirka op 30.000 ze kommen - well et gëtt der jo schonn.

Mir wëllen eng Reform vum Mietgesetz, déi d'Loyeren erëm op e bezuelbaren Niveau erofdréckt. D'Propos vun der Regierung ass alles anescht wéi dat; mir wäerten hei Drock maachen an eis eege Propose versiche weiderzedreiwen. Elo direkt muss e Wee fonnt ginn, fir Loyeren ze deckelen, déi a kengem Verhältnis méi stinn zu de Revenuen vun de meeschte Leit!

Fir et kuerz ze maachen: Lëtzebuerg gëtt oft als Gibraltar vum Norde bezechent. Ech wëll net am Monaco vum Norde liewen.

An der Klimakris mussen mir eng Klimapolitik bedreiwen, déi déi sozial Fro an de Mëttelpunkt stellt an déi een ënnert der Iwwerschrëft Klimagerechtegkeet kéint féieren, eng Politik, déi op Solidaritéit a Kooperatioun opbaut, déi d'Ennerstëtzung, d'Stärkung vun dës Leit an den Zentrum stellt, an net deen ee Stot, dee sech scho ganz gutt steet an dat dann nach mat engem neien Elektroauto ofronne wëllt.

Dës Solidaritéit brauche mer an eiser ganzer Gesellschaft, mee och mat eisen direkten Noperen an der Groussregioun a weltwäit mat de Länner am globale Süden. An eisen Aen ass et och just déi Politik, déi déi héich Ambitiounen am Klimaschutz aléise kann. Dat ass an eisen Aen awer net méiglech, wa quasi ausschliisslech op e Verantwortungsbesosstsi vun deem Eenzelne gesat gëtt an op Privatinvestitiounen vu Stéit a Betriber, déi a ville Fäll net kommen oder zumindest emol net duerginn.





Virun allem schafen dës Investitiounen keng kollektiv Wäerter, déi fir jiddereen e Service leeschte kënnen. Dofir sti mir fir eng Klimapolitik, wou de Staat an d'Gemenge selwer vill méi Suen an de Grapp huelen, fir selwer an erneierbar Energien an an energieatesch Renovatiounen ze investéieren.

Klimapolitik, déi aus dem Staatsbudget bezuelt gëtt, verdeelt d'Laaschte méi gerecht - zumindest emol méi gerecht, wéi wa jidderee sech selwer iwwerlooss ass a mat ganz ënnerschiddleche Viraussetzunge schwéier Decisiounen iwwert d'Zukunft muss huelen.

Mir hunn e Konzept vun der energieatescher Sanéierung mat ëffentleche Mëttelen a mat soziale Kritiken presentéiert a géifen et gären diskutéieren. Déi 750 Milliounen Euro am Klimafonds kéinten entre autres doranner fléissen. Zil ass et, Leit mat feelendem Eegekapital a schlecht isoléierte Wunnengen primär ze hëllefen. Hei besteet am meeschte Potenzial fir Aspierungen an eng Chance, fir deene Leit finanziell reell ze hëllefen.

An der Mobilitéit kéinte mer op de Wee goen, Car-sharing landeswäit auszebauen, mat engem Ubider, mat ëffentlechen, interchangeabele Systemer, virun allem mat Elektrogefierer a mat gestaffelte Präisser, dem Revenu ugepasst. Elektromobilitéit an iwwerhaapt Accès zur Automobilitéit - wa se gebraucht gëtt -, an dorobber muss den Accent leien. Et muss fir jiddweree méiglech sinn, och fir Leit ouni Haus mat Garage a Born.

Donieft muss awer och alles gemaach ginn, fir den ëffentlechen Transport adequat auszebauen. Nach ëmmer gëtt et vill ze vill blann Flecken hei am Land. Wa mir aus dem Süde scho soen, datt den ëffentlechen Transport net gutt funktionéiert, wat den Takt an d'Linnen ugeet, wat sollen dann d'Leit aus dem Norden, Osten oder Weste vum Land soen, wou den ëffentlechen Transport zum Deel inexistent ass oder wou en zweemol am Dag funktionéiert? U Leit, déi Schichten oder weekends schaffen, gëtt iwwerhaapt net geduecht. Mee och hei gëtt et Systemer, an déi stinn iwwregens och zum Deel am MoDu, mee se ginn einfach net ëmgesat. Firwat? Dat weess kee Mënsch!

Parallél dozou schéngt et eis awer onauswäichlech, extravagant an onnéideg Verkéiersmëttel esou wäit et geet ze reduzéieren. Mir brauchen onbedéngt eng Reform vun der Besteuerung vun Autoen, déi och dem Gewicht vun de Gefierer an dem ekologesche Foussofdruck bei neien Autoe Rechnung dréit. Wéilt d'Regierung op dee Wee goen, sti mir deem konstruktiv géigeniwwer. D'selwecht ass eis Haltung bei der Reduktioun vum Fluchverkéier.

A wa mer grad bei der Besteuerung sinn, wëll ech awer nach e puer Sätz soen zur geplatzter Steuerreform: Datt déi budgetär Situatioun no der Pandemie et net zouléisst, déi ursprénglech - ganz deier - Pläng vun der Regierung esou ëmzesetzen, dann ass dat eng Saach; mee datt elo einfach emol näischt gemaach gëtt, dat ass fir eis inakzeptabel! Mir kennen all d'Ongerechtegkeeten vun eisem Steuersystem: déi staark Progressioun bei dem mëttleren Akommes an déi vill ze niddreg Spëtze-steiersätz, d'Feele vun enger Räichtumssteuer a virun allem och déi niddreg Besteuerung vun de Kapitalrevenueen an de Plus-valuë par rapport zu den Aarbechtsrevenueen, net ze schwätze vun deenen deelweis lächerleche Steiersätz, déi grouss Multinationale bei eis bezuelen.

Et muss emol eng Kéier ganz kloer gesot ginn: Fir Ongerechtegkeeten aus dem Steiersystem erauszehuelen, brauch ee kee budgetäre Spillraum. Et kann een eng Steuerreform och akommesneutral gestalten, soudatt déi ënnescht Klassen dat manner bezuelen, wat d'Millionären an d'Multimillionäre méi bezuelen. Déi Narratioun vun der Regierung, datt d'Pandemie eng Steuerreform onméiglech gemaach huet, dat ass just eng faul Excuse.

D'Wourecht ass, datt d'Koalitioun net u méi Gerechtegkeet interesséiert ass, oder zumindest d'DP net. Den Här Bettel huet dat erëm ganz geschéckt a senger Ried formuléiert, Zitat: „Mir bleiwen awer der fester Iwwerzeegung, datt den Debat ronderëm méi Steiergerechtegkeet muss weidergefouert ginn.“ Do géif ee jo bal mengen, de Premier wier wierklech drun interesséiert! Mee am Endeffekt ass et awer eng richt an d'Gladder vun der LSAP, well et heescht ganz einfach, datt mer mat him als Premier do näischt méi maache wäerte kënnen.

Wéi am Logementsdeel scho gesot, wëlle mir méi ëffentlech abordable Wunnengen, fir datt och Leit mat klengem oder normalem Revenu an enger Stad liewen an op en Auto verzichten kënnen. Eng engagéiert ëffentlech Wunnengspolitik ass fir eis Klimaschutz.

#### (Interruption par la présidence)

Et kann net sinn, datt nëmmen eng Minoritéit vu Leit sech d'Liewen an enger Stad mat gudde Verkéiersinfrastrukture kënnen leeschten. A grad déi Leit, déi et am meeschte brauchen, müssen op d'Land zéien a müssen dann och den Auto huelen, well den ëffentlechen Transport net esou funktionéiert, wéi si et brauchen, a ginn dann och nach

mat Taxen um Sprit dofir bestrooft. Esou kann dat net goen an esou funktionéiert eng solidaresch Gesellschaft och net!

Den Decrochage scolaire ass och e Problem vun der Orientéierungslosegkeet.

#### (Interruption par la présidence)

D'Schüler/inne misste sech idealerweis selwer kënnen bewosst a fair, mat fräiem Wëlle fir deen een oder anere Parcours entscheiden. Do hëllefe gratis Bicher, gratis Kantine a gratis Hausaufgabenhëllef och net weider. Do hëlleft och keng Schoufflicht bis 18 ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Madamm Cecchetti, Dir hutt Är Zäit schonn iwwerschrott.

■ **Une voix**.- O, dat do ass awer e bëssen ...

■ **Une autre voix**.- Eng Minut!

#### (Brouhaha)

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Ech wëll lech just drop opmierksam maachen, ...

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Ech si gläich fäerdeg.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- ... dass Der Är Zäit schonn iwwerschrott hutt!

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Konzepter wéi d'Gesamtschoul an den Tronc commun kënnen dës Kompetenze bei de Schüler fuerderen a méi eng egalitär an diversifizéiert Kompetenzbasis schafen.

D'Couverture médicale universelle muss prioritär ginn, well et kann net sinn, datt de Patient muss waarden! D'Dokteschrechnungen musse kënnen virbezueelt ginn. Eis Spideeler müssen eng Mission publique erfëllen. Eis Spideeler an Alters- a Fleegeheimer brauchen dréngend Personal.

Mir kënnen och nach iwwer Aarbechtszäitverkierzung schwätzen, awer bei vollem Loun, well mir müssen ëmdenke léieren, wat d'Gesellschaftsformen a -strukturen ugeet. Fir e Bien-être au travail kënnen ze hunn, muss een doriwwer nodenken, fir och hei de Mënsch an d'Gesellschaft an de Mëttelpunkt ze réckelen an net de Profitt vun e puer megäräichen Aktionären.

Voilà! Ech halen dann op an ech hoffen, datt an Zukunft och genau esou pingeleg gehandhaabt gëtt bei aneren. Merci!

■ **Une voix**.- Wann ee seng Riedezäit net anhält ...

#### (Brouhaha)

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Jo, ech hat nach eng ganz Säit!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Also et ass fir d'éischte Kéier, dass de President Géigewand kritt, well en op d'Zäit hält. Ech wäert mer dat da gutt mierken, ech wäert dann d'nächste Kéier ganz grousszüeg mat jiddwerengem ëmgoen. Mee ech hat alt gemengt, dass déi Zäiten, déi fixéiert sinn, och do sinn, fir sech drun ze halen. Merci!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Dir musst mir d'Wuert ginn.

#### (Hilarité)

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- O! Här Clement, Dir hutt selbstverständlech d'Wuert fir d'Piraten.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech verstinn, firwat déi Lénk net wëllen, datt eis Regierung reest, well wann ee scho Gibraltar mat Monaco verwiesselt, dann huet een an der Geo net opgepasst an et hätt ee vläicht besser, selwer eng Kéier ze reesen, fir ze gesinn, datt déi Welt ...

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Nolauschten!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- ... dach e bësse méi grouss ass wéi vläicht den Horizont vu muncherengem heibannen.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Nolauschten!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- „De „Lëtzeburger Modell“ ass eng Erfolgsgeschicht“, hu mer gëscht heieren. Mir hunn e „gemeinsamt Zil“ an e „gemeinsame Wee“, an zesumme kënnen mer dat packen.

Dat ass jo esou wonnerschëin an idyllesch, do denkt ee jo direkt un eng Reklamm vu „Visit Luxembourg“ mat vill Gréngs, enger doucer Musek am Hannergrond an enger schéiner Loftopnam vum Palais vum Grand-Duc!

Lëtzebuerg geet et gutt, an déi puer Saachen, déi vläicht awer net ganz esou gutt ginn, déi huet de Premier all am Bléck an déi goufe schonn all an Ugrëff geholl oder ginn deemnächst besäitegt.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Très bien, Här Clement!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Et ass also alles tip-toppi a mir solle méiglechst net driwwer nodenken, datt Lëtzebuerg net nëmmen eng Erfolgs-geschicht ass, wat Wuesstum an Entwécklung vun enger floréierender Finanzplaz ugeet, mee och wat wuessend sozial Ongerechtegkeeten betrëfft.

Mee leider ass awer genee dat de Fall, an dat dierfe mer einfach net aus den Ae verléieren. D'Schéier tëscht Aarm a Räich geet zu Lëtzebuerg ëmmer méi wäit ausereen, an do ass och eng Reindexéierung vum Kannergeld - déi an éischter Linn jo ni hätt dierfen ofgeschaaft ginn - net méi wéi den absolute Minimum, dee muss gemaach ginn.

Och wat déi aktuell sanitär Kris betrëfft, krute mer gëschter Hoffnungen gemaach: „Mir sinn dem Enn vun der Pandemie ganz no“, huet et geheescht, a keen hätt méi geimpft wéi Europa. Ouni wierklech drop anzegoen, datt d'Impfstoffe weltwäit net gerecht verdeelt goufen an een duerfir net onbedéngt houfreg soll sinn, datt Europa seng Awunner flächendeckend geimpft huet a souguer schonns iwwer Drëttimpfungen nodenkt, während Mënschen an Entwécklungslänner dem Virus schutzlos ausgeliefert bleiwen, gëtt also bei eis iwwerluecht, wéi een en éischte virsiichtge Bilan vun dëser Pandemie zéie kéint a wéi d'Gestioun vun der Kris ze evaluéieren ass.

Lues a lues kéint een also d'Enn vum Tunnel erkennen. Dat ass natierlech eng exzellent Nouvelle an ech si mer sécher, datt d'Chamber der Regierung och gären hëlleft bei där Evaluatioun vum Krisenmanagement. Et ass schliisslech kloer, datt d'Regierung hir eegen Aarbecht wuel kaum eleng objektiv aschätze kann.

Mee wann d'Pandemie elo anscheinend esou lues dem Enn zougeet an eis Zuele gutt ausgesinn, da stellt sech mer dach awer d'Fro, wéi da gerechtfertigt soll sinn, datt Covidrestriktionen op der Aarbechtsplaz mam Gesetz vun nächster Woch nach verschäerft solle ginn.

Tëscht der Pressekonferenz iwwert d'Covidgesetz vu leschter Woch an der Ried zur Lag vun der Nation gëscht leie Welten. Gëscht gouf vum noen Enn vun der Pandemie geschwat, vu sozialer Gerechtegkeet, vun engem gemeinsame Wee, dovun, d'Biergerinnen an d'Bierger an d'Politik anzubannen. A gläichzäiteg gëtt, ganz ouni d'Gewerkschaften oder d'Patronat, un engem Gesetzesprojet geschafft, deen net geimpften Aarbechter soll forcéieren, en Deel vun hirem Geld scho fir Covidtester auszeginn, éier se et iwwerhaapt verdéngt hunn, just fir iwwerhaapt mol dierfe schaffen ze goen!

Do gehéiert scho vill Courage derzou, sech mat enger Ried, déi den Titel „Eise Wee. Eist Zil.“ dréit, heihinzustellen, während een eigentlech grad amgaangen ass, Politik ze maachen, déi riicht iwwert d'Käpp vun de Leit ewechgeet. An do ass net nëmmen dat neit Covidgesetz e Beispill derfir, mee natierlech och de Verfassungsreferendum, dee vun alle Parteien an de Walprogrammer ugekënnegt ginn ass an de Biergerinnen a Bierger elo awer vir-enthale soll ginn.

Ech hat ee Moment vir, den Owend eng Resolution ze deposéieren, wou d'Chamber sech selwer géif opfuerderen, e Verfassungsreferendum an d'Weeër ze leeden iwwert déi véier Texter.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- An Dir sidd dergéint?

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Mir hunn aktuell eng Petitioun lafen, an aus Respekt virun de Petitiounäre wäerte mer déi Resolution haut nach net deposéieren. Ech bleiwen awer derbäi, datt mer genau dat wäerte maachen, soubal déi Petitioun ofgeschloss ass.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Dierf ech eng Fro stellen?

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Jo, selbstverständlech dierft Der.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Ech huelen och dem Här Kartheiser seng Fro un, wa se net vu menger Zäit ofgeet.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, Här Clement, villmools merci. Ech freeë mech iwwer Är nei Position, wat de Referendum ugeet. D'ADR hat eng Motion hei oder eng Resolution an der Chamber tabléiert, wou mer eebe genau de Referendum gefrot hunn. A wann ech mech gutt erënneren, haten d'Piraten dergéint gestëmmt oder sech enthalten. Duerfir freeën ech mech iwwer Är nei Position.

Ech wollt lech just froen, wéi war dann d'Position bis elo iwwert de Referendum? Firwat hutt Der eis deemools net ënnerstëtzt? A firwat hutt Der Är Meinung geännert? Merci.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Also ech kann dat ganz einfach soen, well ech et och deemools begrënt hunn, firwat mer eis enthalten hunn: Et war zu deem Zäitpunkt ze fréi, well mer u sech nach e leschte Fonken Hoffnung haten, datt déi aner Parteien sech géifen um Rimm rappen. Mee heiansdo - mir si jo déi, déi gäre Vorschusslorbeere

ginn, mir hu jo och emol schonn eng Kéier eng Regierungserklärung matgestëmmt - weist sech, datt déi Vorschusslorbeeren net ëmmer verdéngt ware vun deenen, déi se kruten.

Bon. Mee fir de Biergerinnen a Bierger awer trotz dem feelende Referendum dann awer zumindest e bëssen d'Gefill ze ginn, dach awer matschwätzen ze kënnen, soll elo op en - ech zitieren de Premier - „aussergewéinlechen“ Outil zréckgegraff ginn: op de Biergerrot. Wéi aussergewéinlech esou e Biergerrot elo tatsächlech ass, stellen ech elo mol einfach an de Raum. Ëmmerhi gëtt et am Ausland schonn där Biergerrot an och mir Piraten hu scho virun iwwer engem Joer eng Gesetzespropos iwwer esou e Biergerrot hei deposéiert. Den Avis vun der Regierung war iwwregens dozou, datt se keen Interêt an esou engem neie participativen Outil géif gesinn. Wéi sech awer och bei der Regierung heiansdo d'Meinung ännere ka mat e bëssen Drock!

Mee egal wéi, mir freeën eis natierlech elo, datt d'Regierung, nodeems se eis Propos am Ufank kategoresch ofgeleent huet, dann elo awer den Notze vun dëse participative Foren erkannt huet.

Firwat d'Regierung de Biergerrot awer elo grad am Beräich vun der Klimapolitik wëll asetzen, dat ass mer net kloer. Wann et ee politesch Feld gëtt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an deem d'Gesellschaft an de vergaangene Joren hiert Uleies méi wéi daitlech artikuliert huet, dann ass dat jo awer wuel den Ëmwelt- a Klimaschutz! Ausser an aarbechtsrechtleche Froen ass et dat gesellschaftlecht Feld, wou déi meeschte Leit an deene leschte Joren op d'Strooss gaange sinn, all Generatione confondu.

Méi wéi eng Kéier sinn déi Jonk mat hire Fuerderungen op d'Strooss gaangen an d'Ëmweltverbänn an d'ASBlen hu Lëscht voll Punkten, déi drop waarden, zugonschte vu Klima an Natur ëmgesat ze ginn. Ëmmer erëm heescht et da vusäite vun der Regierung a Richtung vun den Aktivisten: „Mir heieren lech! Mir wäerten aktiv ginn!“ Mee amplaz dann elo endlech aktiv ze ginn a wierklech eppes ze maachen, soll elo mol nach e Biergerrot geschafft ginn, fir nach eemol, an aller Rou, genee ze kucken, wat d'Biergerinnen an d'Bierger iwwerhaapt wëllen. Ma hu mer hinnen dann elo déi lescht Joren nogelauschtert oder net?

Ech si sécher dee Leschten, dee sech heibanne géif géint e Biergerrot ausschwätzen. Ech hunn och guer näischt dergéint, esou e Rot, dee sech mat Klimapolitik beschäftegt soll, anzesetzen. Mee dobäi muss et ëm méi goe wéi Scheinparticipation an et muss séier goen.

Mir wëssen et alleguerten: Wat d'Klimapolitik ugeet, ass et net fënneg vir zwielef, mee et ass fënneg op zwielef. D'Ärderwärmung ass net méi réckgäנגeg ze maachen, mee just nach, esou gutt et geet, ze limitéieren. Ob et do de richtige Moment ass, e Biergerrot anzesetzen, fir d'Mënschen ze froen, wat si da mengen, datt mer solle maachen, während si eis scho säit Jore richt an d'Gesicht jäizen, wat se wëllen? Ech weess jo net ...

2030 ass net einfach iergendeng Zwëschenetapp um Wee zur Rettung vum Klima, déi dann iergendwann 2050 soll méi reell ginn. Dat ass ze spët! Wa mer net endlech handeln, ma dann hu mer de Moment verpasst!

Mir kënnen eis gären eis Zuele schéischwätzen an eis eppes drop abilden, datt mer eis erneierbar Energie verduebelen oder verdräifachen. Mee wa mer éierlech sinn, dann ass dat dach och just méiglech, well eis Zuelen esou kleng sinn, datt dat och zimmlech einfach geet. Wann ech just ee vun zéng Punkten an enger Prüfung kréien, muss ech an der nächster jo schliisslech och net wierklech vill besser sinn, fir mech ze verduebelen oder ze verdräifachen. Mee duerchgefall wär ech awer!

De Premier huet a senger Ried gemengt, d'Leit wëllen, datt d'Regierung endlech an den nächste Gang géif schalten, wat d'Klimapolitik ugeet. An duerfir solle jo elo och méi Diecher vun ëffentleche Gebaier mat Fotovoltaikanlagen ausgerüst ginn. An dat ass eng Mesure, déi ech voll a ganz ënnerstëtzen an déi och schonns laang vun de Piraten gefuerdert gouf.

Mee eigentlech misst de Premier awer och genee wëssen, datt et beim Klima- an Ëmweltschutz eeben net drëms geet, ëmmer nëmme weider no uewen an den nächste Gang ze schalten, mee ganz am Contraire, datt et drëms geet zréckzeschalten.

Méi gréng Energie ze produzéieren, ass gutt. An d'Piraten hunn duerfir jo och de Sunergy proposéiert an hirem Programm, dee virgesäit, datt de Staat net nëmmen op sengen eegenen Diecher soll Solaranlagen ubréngen, mee och op den Diecher vu Privatleit, déi dëst wëllen.

D'CO<sub>2</sub>-Emissioun ze kompenséieren, ass och gutt. Ech hunn dat schliisslech och selwer schonns hei proposéiert an enger Motion, wéi et nach geheescht huet, datt dat fir déi heite Regierung net méiglech wär. Bref, et ass méiglech.

Mee op d'Brems ze trëppelen an iwwerhaapt manner Energie ze verbrauchen, wär besser. A jo, och





ech weess, datt Verzicht näischt Attraktives ass. Mee sou ass et nun awer mol. Wa mer d'Äerderwärmung op e Minimum wëlle reduzéieren an d'Aartestierwe stoppe wëllen, da muss mer op d'Brems trëppelen. Mir kënnen net weider esou iwwert eise Planéit hierfale wéi bis elo - och net, wa mer fir d'Ausbeutung vun der Äerd just erneierbar Energie géifen notzen.

Mir alleguerte wäerten eise Liewensstil mussen upassen an eng Hand mat upaken, wann et drëms geet, d'Wunnen an den Transport méi klimafrëndlech ze maachen.

Selbstverständlech sollen dobäi déi Persounen, deenen et elo schonns un allen Ecken an Enner feelt, awer net nach zousätzlech finanziell belaauscht ginn. Dat huet de Premier jo gëschter och selwer gesot. A jo, et goufen, och iwwert d'Klimapolitik eraus, eng ganz Rei sozial Mesuren ugekënnegt, déi souwuel den Erwuessene wéi och de Kanner zegutt kommen.

Datt de Mindestloun elo schonns véiermol no uewen ugepasst ginn ass an trotzdeem ëmmer nach net un déi héich Liewenskäschten an eisem Land ugepasst ass, ass dobäi a mengen Aen awer näischt, mat deem ee sech ze vill bretze sollt. Wäer et eemol zu enger anstänneger Erhéijung komm, hätt een duerno vläicht net esou heefeg erëm misen nobesseren.

D'Piraten begrëisse selbstverständlech awer all Erhéijung vum Mindestloun, egal wéi kleng se dann ass, genee wéi och d'Erhéijung vum REVIS, der Allocation de vie chère an d'Reindexéierung vum Kannergeld. All Drëps op e gliddege Steen ass besser, wéi keng Drëps op de gliddege Steen an nach Feier drënner ze maachen. Mee trotzdeem geet et net duer.

Duerfir fanne mer och déi nei Measure, déi et de Kanner aus Familljen, deenen et finanziell net esou gutt geet, soll erméiglechen, mëtten an der Schoul fir näischt kënnen ze iessen, exzellent. A mir freeën eis och, datt d'Museksschoulen an de Sport fir all Kand solle méi accessibel ginn. Och gratis Maison-relais kléngen um Pabeier an an dem geschwatenue Wuert hei op der Tribün exzellent!

D'Fro ass just: Wou sinn déi Maison-relais? Wou sinn d'Sportveräiner, déi déi Kapazitéiten hunn, fir all déi motivéiert Kanner elo opzefänken? Well gratis Maison relais dat ass och en Engagement, datt och jiddereen eng Plaz an der Maison relais kritt. A souwäit ech dat weess, ech kucken hei eng kéier esou an déi Gesichter vun de Gemengepäpp a Gemengemammen heibannen, an ech hunn dat gëschter och bei der Ried gesinn: Do war e bëssen Entsetzen an den Aen opkomm, wéi se realiséiert hunn, datt gratis Maison relais, an domadder quasi en Urecht an der Maison relais, bedeit, datt vill méi Maison-relais mussen gebaut ginn, Personal muss rekrutéiert ginn, fir deene Kanner eng Plaz ze schafen, fir datt se kënnen dervu profitéieren.

Et ass schéi gesot: „Et ass gratis!“, mee wann een net dervu profitéiere kann, dann ass et schéin, wann et gratis ass, mee et huet een näischt dovunner.

Datt dës punktuell Mesuren also elo awer gebraucht ginn, fir doriwwer ewech ze tréischten, datt et net zu enger grousser Steuerreform komme wäert, ass méi wéi bedauerlech. Mir wësse ganz genee, datt eisen aktuelle Steiersystem net gerecht ass, datt verschidde Liewensmodeller par rapport zu anere ganz offensichtlech benodeelegt ginn. An trotzdeem soll elo einfach esou weidergemaach gi wéi bis elo.

D'Ongerechtegkeete vis-à-vis vun Elengerzéienden a Wittleit ginn einfach ignoréiert. Et huet ee bal d'Gefill, datt dës Regierung, déi ugetruede war, fir gesellschaftlech Verännerungen ze huelen, fir deene gesellschaftleche Verännerunge Rechnung ze droen an alle Gesetzter, déi - an dat ginn ech gären zou - grouss sozial Reforme gemaach huet am Sënn vun Unerkennung vu Minoritéiten, déi Trennung vu Kierch a Staat ugepak huet, dorunner scheitert, d'Trennung vu Kierch a Staat am Steiersystem hinzekréien.

Da kommt, mir vergiessen net, datt den aktuelle Steiersystem dorobber baséiert, wat d'Kierch als ideal Famill gesäit, an net op deem, wat haut gelieft gëtt. An duerfir ass et ëmsou méi schlëmm, datt grad dës Regierung, déi déi historiesch Chance hat, elo an aacht Joer a warscheinlech och an deenen nächsten zwee Joer et net fäerdegbréngt, mat dësen Ongerechtegkeeten, déi historiesch verschold sinn - net vun der Regierung just virdrun, mee historiesch verschold sinn -, mat deenen opzeraumen.

Déi punktuell Saachleeschungen, déi gëschter ugekënnegt goufen, ginn net duer, fir déi aktuell Ongerechtegkeeten auszegläichen.

Eppes Weideres, wat mech - a warscheinlech och vill aner Familljen zu Lëtzebuerg - gëschter besonnesch frappéiert huet, war dem Minister seng Ausso, datt sech zu Lëtzebuerg kee méi tëscht Famill a Beruff misst entscheeden. A jo, dat stëmmt! Mee net, well dës Regierung esou fantastesch der-

fir gesuergt huet, datt ee Famill a Beruff suergen- a stressfräi ënner een Hutt kritt.

Nee, hei am Land mussen ganz einfach vill Eltere sech net méi entscheeden, ob se léiwer schaffe ginn oder bei de Kanner wëlle sinn, well de Staat mat senger sozialer Logementspolitik dëse Choix scho fir si gemaach huet. Et muss kee sech méi entscheeden, well just nach eng Optioun a Fro kënn: an zwar déi, zu zwee schaffen ze goen. Ob eigentlech ee vun den Eltere gäre wéilt bei senger Kanner bleiwen, spiltt guer keng Roll - onofhängeg, ob Mann oder Fra. Wann een hei am Land wëllt iwwert d'Ronne kommen, da muss een zu zwee schaffe goen, wann een net grad e gléckleche Groussverdënger, Rentier oder Ierwen ass.

Mir schwätzen oft dervun, wéi schweier et fir Elengerzéiender ass, mat hire Kanner iwwert d'Ronnen ze kommen. Ma wéi schweier wär et dann, zousätzlech zu sengem Kand mat nëmmen engem Salaire och nach fir e Partner opzekommen? Dat ass fir déi ganz grouss Majoritéit vun de Familljen einfach net méi méiglech.

Déi vill Saachleeschungen vun der Regierung ginn ëmmer nëmmen an eng Richtung: Si komme just deenen Elteren zegutt, déi schaffe ginn. D'Kanner mussen ëmmer méi an ëmmer méi laang an d'Crèche an an d'Maison relais, wou de Staat fir hir Prise en charge vill Suen ausgëtt. Mee wie seng Kanner selwer wëllt versueren an dem Staat jo domat géif Sue spueren, dee kritt näischt oder ganz weëneg. Dat fanne mir Piraten net gerecht an och net am Sënn vum Wuel vum Kand.

Mir fuerdere säit laangem, datt een den Elteren hei e richteg Choix muss looszen: Wie seng Kanner léiwer selwer wëllt versueren an duerfir net vun der staatlecher gratis Kannerbetreuung wëllt profitéieren, dee misst de Montant, dee mir als Allgemengheet fir déi Kannerbetreuung virgesinn hunn, kënnen ausbezuelen kréien. Dat géif de Staat keen Cent méi kaschten a ville Familljen awer eng Méiglechkeet ginn, fräi kënnen ze entscheeden, ob si zu zwee wëlle schaffe goen oder ob nëmmen ee vun hinne wëllt schaffe goen - oder an engem ganz flexibelen anere Modell. Well dat ass Fräiheet!

**(Brouhaha)**

Datt vill Familljen ouni staatlech Ënnerstëtzung zu Lëtzebuerg just nach iwwert d'Ronne kommen, wann déi zwee Elterendeeler schaffe ginn, läit virun allem och un de Logementspräisser, déi säit Joren duerch de Plaffong ginn, ouni datt de Staat deem eppes entgéintzesetzen hätt.

Ech fille mech ëmmer erëm e bësse wéi an „Und täglich grüßt das Murmeltier“: An all Ried zur Lag vun der Natioun, an all Budgetvirstellung, an all Chamberessiou, all Nationalfeierdag schwätze mer dervun, datt de Logementsproblem seriö wär. Et ass e bësse wéi de Klimawandel: Jiddweree seet, datt et seriö ass, mee maachen di mer näischt.

Mir bräichten all Joer ongeféier 6.000 nei Wunnenen zu abordable Präisser, fir der enormer Nofro kënnen gerecht ze ginn. A wat hu mer gëschter héieren? Wann et gutt geet, brénge mer der an den nächste Joren zesummegerechent 8.000 fäerdeg. An dann ass et nach net kloer, wat d'Regierung fir en abordable Präis hält. Vergaange Projeten, wéi zum Beispill de Projet Elmen, hu jo gewisen, datt och Sozialwunnenge schonn zu vill ze héije Präisser verkaft ginn.

Niewent der staatlecher Offer u bezuelbarem Wunraum sollen awer och privat Bauträger mat an d'Boot geholl ginn, an den Immobiliemaart als Ganze soll duerch eng Reform vun der Grondsteuer esou verännert ginn, datt Spekulationen op Bauterrainen an Zukunft hoffentlech der Vergaangenheet ugehéiere wäerten.

Grad dee leschte Punkt ass dach méi wéi begrëisenswäert: Eng Steuer op Bauterrainen, déi bewosst net bebaut ginn a broochleien an enger Zäit, an där Wunraum dréngend gebraucht gëtt, ass ganz dréngend néideg! Do sinn ech mat der Regierung tatsächlech ganz enger Meenung.

## 4. Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement

An ech hunn duerfir och iwwert de Summer mat de Piraten zesummen un enger konkreter Gesetzespropos geschafft, déi ech dann och haut wéilt ofginn.

Wannechgelift, Här President.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci.

### Exposé

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*), *auteur.* - Nodeems mir gëschter iwwerraschenderweis vum Premier gewuer goufen, datt d'Regierung déi selwecht Iddi verfollegt, hat ech nach kuerz driwwer nogeduecht, meng Propos net méi anzereechnen - well et sollt jo eppes kommen. Mee ech hunn aus der ugekënnegter Steuerreform, dem ugekënnegte Verfassungsreferendum, der ugekënnegter Legaliséierung vun

Cannabis nawell meng Léiere gezunn. Net alles, wat d'Regierung esou seet, gëtt och Realitéit. A fir ze verhënnern, datt dat dann och an dësem wichtige Dossier ka geschéien, hunn ech dann och haut eis Gesetzespropos matbruecht.

Wann den Text vun der Regierung dann iergendwann tatsächlech sollt virleien - man bemerke den Konjunktiv -, sinn d'Piraten natierlech méi wéi gewëllt, och un dësem konstruktiv matzeschaffen. Mee falls et nach laang géif daueren, kéinte mir als Chamber op Basis vun eisem Text jo och eis eege Responsabilitéiten huelen.

Ech wëll elo hei net ze wäit op dës Gesetzespropos agoen, mee loosst mech awer kuerz ëmräissen, wéi d'Piraten sech dës Steuer virstellen.

Mir proposéieren eng Steuer, déi a Fonctioun vun der Gréisst vum Terrain an de Joren, déi den Terrain net bebaut gëtt, no uewen zouhëlt. Esou solle Persounen discouragéiert ginn, Terrainen iwwer länger Zäit broochleien ze looszen. Wuelbemierkt geet et hei nëmmen ëm Terrainen, déi an enger Zon leien, déi geduecht ass, fir bebaut ze ginn. Natierlech soll kee besteiert ginn, deenen en eidelen Terrain an enger Gréngzon besëtzt. Dat wär absurd.

Gläichzäiteg wëlle mer Privatleit, déi en Terrain fir hir Kanner kafen an esou laang net bebauen, bis d'Kanner al genuch sinn, fir eleng kënnen ze wunnen, natierlech och net bestrofen. Duerfir gesäit dësen Text och vir, datt all Persoun 8 Ar einfach esou an dann nach eemol 8 Ar zousätzlech pro Kand ka steierfräi besëtzen. Dat ass méi wéi grousszügeg. Ech kennen a mengem perséinlechen Ëmfeld keen, deen ënnert där heiter Steuer misst eppes bezuelen a jiddweree kéint senger Kanner weiderhin en Terrain verierwen, fir drop ze bauen, wann en dann d'Chance hat, dat ze hunn.

Mee alles, wat doriwwer erausgeet, ënnerläit dann der proposéierter Steuer. Méi wäit wëll ech awer elo net op eisen Text agoen. Mir wäerte jo sécher nach genuch Geleeënheeten dozou kréien, wann en an der Kommissioun diskutéiert gëtt.

**7898 - Proposition de loi visant l'exploitation des terrains à bâtir à des fins d'habitation**

## 5. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation (suite)

### Débat (suite)

Ech wëll mam Rescht vu menger Riedezäit nämlech nach op eng Rei aner wichteg Punkten agoen. An dorënner ass och ganz besonnesch den Drëtten Alter.

Eis eeler Matbiergerinnen a Matbierger sinn, wéi mer alleguerte wëssen, vun der Pandemie ganz besonnesch staark getraff ginn. Déi tragesch Ëmstänn aus den Alters- a Fleegeheemer hunn eis allewege beweegt a mir hunn och méi wéi eng kéier hei am héijen Haus, oder deemools nach am Cercle, iwwert dëst Thema geschwat.

Ëmsou méi erstaunlech fannen ech, datt d'Regierung an dësem wichtige Domän net méi opzeweisen huet wéi en Outil fir eng besser Präistransparenz, déi - säit Joren annoncéiert - nach ëmmer net do ass, an eng Augmentatioun vun der Unzuel vun de Better. Do hat ech mer wierklech méi erwaart! Ech hat gehofft, datt dës Pandemie eis zu engem wierklechen Ëmdenken an dësem Beräich géif beweegen.

Mir brauchen dréngend e breeden Discours iwwert d'Dignitéit vum Mënsch am Alter. Déi grouss Majoritéit vu Fleege- a Gesondheetspersonal gëtt all Dag hiert Besch, fir de Bewunner an den Alters- a Fleegeheemer e confortabelt Doheem ze bidden. Mee souguer hir Aarbecht geet net duer, fir géint d'Isolatioun vun deene villen ale Leit virzegoen.

Wann d'Personalschlëssele knapp sinn an d'Minutte vun der Assurance dépendance esou just duerginn, fir eemol duerch d'Zëmmer ze huschen, de Resident séier ze wäschen, éier ee scho beim nächste muss sinn, dann ass et ganz schweier, de Mënsche mat hire Besoinen an eventuellen Ängschten wierklech gerecht ze ginn. Do kann een dem Personal awer näischt virwerfen, wuel awer der Regierung, déi hei d'Wirtschaftlechkeet iwwert de Mënsch stellt. Duerfir mussen mer vill méi breet un de Sujet vum Drëtten Alter erugeen, wéi just iwwer eng Augmentatioun vun der Unzuel vun de Better ze schwätzen.

## 6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement

### Exposé

Eng kleng Pist wär iwwregens och, an dat huet och d'CSL proposéiert, de Reajustement weiderhi bei de Pensioune gëllen ze looszen, esou wéi d'CSL dat, mengen ech, och alle Parteien kommunizéiert huet.

Duerfir, Här President, hunn ech hei nach eng Proposition de loi, déi deem géif Rechnung droen.

**7899 - Proposition de loi modifiant les articles 219bis, 223, 225bis du code de la sécurité sociale**

## 7. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation (suite)

### Débat (suite)

Och wat d'Integratioun vu Persounen mat Handicap ugeet, muss nach villes verbessert ginn. Nach vill ze oft liewen och Mënsche mat engem Handicap a Strukturen, vum Rescht vun der Gesellschaft isoléiert, well hinnen d'Participatioun esou schweier gemaach gëtt.

Kucke mer nëmmen den Adapto: Aktuell sinn zu Lëtzebuerg nëmmen 13 % vun de Busarrête behënnerteregerecht - 13%! Mir si Signataire, mir hunn d'UN-Behënnerterechtskonventioun ratifizéiert, mir hu grouss Campagnë gefouert, datt Lëtzebuerg, elo wou mer déi Konventioun ratifizéiert hätten, eppes géif maache fir Leit mat Behënnerung, datt se inkludéiert wäeren an eisem Liewen. Fakt ass: 13 % vun de Busarrête si behënnerteregerecht.

Wie Pech huet a bei deene 87 anere Prozent wunnt - jo, deenen huet Pech! Anescht kann een et net soen. Wat maache mer dogéint? Weëneg bis guer näischt!

Den Adapto-Service ass fir vill Persounen mat Handicap also den eenzege Wee, fir sech ze deplacéieren, an trotzdeem limitéiere mir d'Trajeten.

### (Interruption)

Jo jo, et ass zum Deel Gemengekompetenz, mee de Staat kann awer dann de Gemengen déi néideg Moyenen zur Verfügung stellen an de Gemenge soen: „Dir musst, wann Der eng Strooss oprappt ...“, an déi meescht sinn op Staatsstroossen, „ma hei, Dir kritt keng Geneemegung, fir déi Staatsstrooss opzerappen, wann dee Busarrët net nei gemaach gëtt.“ Et huet ee Moyenen, wann ee se wëllt notzen. D'Fro ass just, ob een et eng Prioritéit mécht, fir eebe Leit mat Behënnerung ze inkludéieren, oder net.

An trotzdeem limitéiere mir d'Trajeten, déi ee pro Persoun mam Adapto zegutt huet. Firwat a mat wat fir engem Recht? Mir limitéieren den effentlechen Transport fir Persounen ouni Handicap jo och net op eng bestëmmten Unzuel vu Faarten. Wa mer an de Bus oder an den Tram klammen, mussen mer jo keen Ticket méi knipsen, wou gezielt gëtt, ob mer eis 360 Trajete vum Joer nach net erof hunn. Wien den Adapto hëlt, därëf 360-mol d'Joer fueren. Allez-retour heescht dat, datt ech nëmmen all zweeten Dag eppes därëf maachen. De Rescht vun der Zäit - 50 % vum Joer - sinn ech doheem agespaart. Dat ass Inklusioun vun dëser Regierung!

Hei hätt ech mer wierklech eng Adaptatioun erhofft; eng Adaptatioun, déi fir d'Gläichstellung vu Persounen mat an ouni Handicap dréngend noutwendig wär.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech muss esou lues zum Schluss kommen, mee net ouni nach op en allerlescht Thema wëllen anzegoen, wat eis alleguerten an all Alters- a Gesellschaftsschicht betrëfft: d'mental Gesondheet.

Och de Premier ass gëschter op dat wichtegt Thema agaangen an och mir an der Chamber hate schonns deen een oder deen aneren Debat zu dësem ganz zentralen Thema. An eigentlech si mer eis iwwer all d'Bänken hei eens gewiescht: Der mentaler Gesondheet muss méi Opmierksamkeet geschenkt ginn a Behandlung bei engem Therapeut mussen vun der Krankeess rembourséiert kënnen ginn. Mir sinn eis eens, an et geschitt awer näischt, well d'CNS an d'Federatioun vun den Associatiounen vun den Therapeuten hei säit Jore keen Accord fannen. Duerfir geet deen Dossier einfach net virun.

Mee dat kann een dach dann net einfach esou am Raum stoe looszen! Do kann d'Regierung sech jo net einfach op de concernéierten Acteuren ausrouen an alles op si schiben. Wann et op deem bis elo gewielte Wee net weidergeet, da muss ee vläicht aner Piste wien.

Während der Pandemie si weltwäit d'Zuele vu Persounen, déi sech weënst Problemer aus dem Beräich vun der Santé mentale a Behandlung beginn hunn, an d'Luucht gaangen.

D'Zäit drängt, mee Lëtzebuerg kënn mat de Remboursementer net vum Fleck. Dat kann einfach net sinn! Hei muss d'Regierung endlech Responsabilitéiten iwwerhuelen.

D'Mënsche brauchen Hëllef, déi bezuelbar ass. An dat zielt net nëmme fir Persounen mat Depressiounen, mat Burnout oder anere mentale Krankheeten, un déi ee bei dësem Sujet vläicht als éischt denkt. Jo, dat zielt och fir Persounen mat Suchterkrankungen. Jo, och Suchterkrankungen zielen zum Domän vun der Santé mentale. Doru soll een och denken, wann een déi nächste kéier nees vun der Sécherheet op der Gare schwätzt an dovunner, wéi een déi Leit do forttritt.

Heiansdo hunn ech d'Gefill, datt vergiess gëtt, datt dës Leit och Mënsche sinn; Mënschen, déi Hëllef





verdängt hunn, déi Hëllef brauchen. Well kee verbréngt säi Liewen op de Stroosse ronderëm d'Stater Gare, well et do esou schéin ass. Mir hunn eng schéin Haaptstad, verstitt mech net falsch, mee sou schéi sinn d'Stroosse ronderëm d'Stater Gare net, datt een do wëllt säi Liewen ënner fräiem Himmel verbréngen. Och déi Leit brauchen Hëllef.

Eng anstänneg Prise en charge kéint se vun der Strooss erofhuelen an och hir Sucht kéint behandelt ginn. Mat enger fréizäiteger Behandlung vu Suchterkrankungen an anere mentale Krankheeten,

och am Kader vu Komorbiditéiten, kéint een och zum Deel verhénnernen, datt d'Liewe vu verschidene Mënschen esou aus de Foue geréit, datt se iwwerhaupt an den Drogen oder op der Strooss landen.

Och dës Mënsche gehéieren zu eiser Natioun, iwwert déi mer gëschter geschwat hunn, an hunn et verdängt, gesinn ze ginn. Si ënnersträiche vläicht just net dat idyllescht Bild vu Lëtzebuerg als Erfolgsmodell, mat villem Gréngs ronderëm, mat doudcer Musek am Hannergrond, mat enger Dron, déi

iwwert de Palais flitt, oder engem bloen Himmel an de Wäibierger mat engem roude Fuedem, deen derduerch zitt. Mee och si si Lëtzebuerg.

D'Lag vun enger Natioun bestëmmt sech net just duerch hir grouss Erfolleger, mee se bestëmmt sech doduerjer, wéi ee mat deene Schwächsten an enger Gesellschaft ëmgeet. An do, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, hu mer nach ganz vill opzehuelen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*):- Ganz gutt!

■ **Une voix**:- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*:- Merci och.

Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen fir haut ukomm. Ech ginn lech Rendez-vous fir muer de Moien um 9.00 Auer fir d'Fortsetzung vun eisen Diskussiounen.

An domat ass d'Sëtzung eriwuer.

(*La séance publique est levée à 20.24 heures.*)



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance

### 2. Débat sur l'état de la nation (suite)

- Débat (suite) : M. Fernand Kartheiser (fait personnel) (interventions de M. le Premier Ministre Xavier Bettel) - M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance - M. Gilles Roth (interventions de M. le Ministre Dan Kersch, M. le Ministre François Bausch et M. François Benoy) - M. André Bauler - M. Yves Cruchten - Mme Viviane Reding (interventions de M. Guy Arendt, M. le Premier Ministre Xavier Bettel, M. Marc Hansen et M. Gilles Roth) - M. Marc Spautz (interventions de M. le Ministre Dan Kersch, M. le Ministre François Bausch, M. le Premier Ministre Xavier Bettel et Gilles Baum) - M. Félix Eischen - M. Aly Kaes - M. Paul Galles (interventions de M. le Ministre Dan Kersch, M. Georges Engel, M. le Premier Ministre Xavier Bettel)
- Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État
- Résolution 1 : M. Georges Engel - M. Sven Clement - M. Fernand Kartheiser
- Vote sur la résolution 1 (rejetée)
- Motions : M. Gilles Baum - M. Gilles Roth - M. André Bauler - M. Sven Clement (interventions de M. le Ministre Dan Kersch) - M. Marc Spautz - Mme Nathalie Oberweis - M. Claude Wiseler - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. André Bauler et M. Laurent Mosar) - M. Gilles Roth (intervention de M. Gilles Baum)
- Vote sur la motion 1 (rejetée)
- Vote sur la motion 2 (rejetée)
- Vote sur la motion 3 (rejetée)
- Vote sur la motion 4 (rejetée)

### 3. Ordre du jour

- M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. François Bausch et M. Dan Kersch, Vice-Premiers Ministres ; M. Marc Hansen et M. Lex Delles, Ministres.**

(*La séance publique est ouverte à 09.03 heures.*)

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*:- D'Sëtzung ass op.

An ech froen d'Regierung... De Staatsminister wénkt mat „nee“. D'Matdeelunge kommen herno.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*:- Genau! Herno.

### 2. Débat sur l'état de la nation (suite)

*Débat (suite)*

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*:- Merci. Dann hunn ech eng Wuertmeldung vum Här Kartheiser. Wéinst?

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*):- Fait personnel, Här President.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*:- Selbstverständlech hutt Der dann d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*):- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Här President huet mech gëschter ënnerbrach, well ech drop ugespillt hat, datt den Här Staatsminister gesot hat, an enger bestëmmter Situatioun, wann d'Parlament Texter net géif stëmmen, datt da kéint en État de crise ausgeruff ginn.

Den Här President hat dat gëschter an Zweifel gezunn an huet mech gefrot, ob ech dat kéint dokumentéieren. Natierlech bréngen ech net fir eng Chambersdebatt eng breet Dokumentatioun mat zu all Punkt. Awer et ass gefrot ginn. Also wëilt ech awer kucken, fir him Satisfaktioun ze ginn.

Ech beruffe mech hei op en Interview, deen den Här Staatsminister de Weekend vum 31. Oktober/1. November dem Radio 100,7 ginn hat. Also ech schwätzen hei vun 2020. Deen ass och herno an der Press erëmgéhol ginn, och op RTL. An do zitieren ech elo einfach, wat den Här Staatsminister gesot huet, der Press no: « Si nous validons un texte mercredi, j'aimerais qu'il soit voté samedi ». A weider am Artikel: « Si le gouvernement décide d'instaurer de nouvelles mesures mercredi, la proclamation de l'état de crise ne sera pas nécessaire si les changements des textes de lois pouvaient être votés rapidement, selon le Premier Ministre dans une interview accordée à nos confrères de radio 100,7 ». An dat ass och deemools breet diskutéiert ginn.

Ech wëll also hei betounen, dass ech dat kann dokumentéieren, wat ech hei gesot hunn, an datt dat och deemools an der Press an och an de soziale Medie staark kritiséiert gouf a vill beluecht gouf. Dofir wëll ech dat hei nach eng Kéier soen, well eeben den Här President gëschter déi Prezisioun wollt. Hei ass se! Merci.

(*Interruption par M. Xavier Bettel*)

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*:- Jo. Selbstverständlech, Här Premierminister.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*:- Just, wéi gesot, hei bezeit et, wat ech ëmmer gesot hunn: Wann d'Chamber - an dat ass och dës le départ gewiescht -, fonctionéiere kann, da brauche mer keen État de crise. Ech wëll och just nach den honorabelen Här Kartheiser informéieren, dass den État de crise net unilateralement décidéiert gëtt, mee duerch eng Chamber geet an net d'Regierung deen aleng dekretéiert.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*):- Zéng Deeg, no zéng Deeg! D'Regierung kann dat maachen, Grand-Duc ..., an dann no zéng Deeg stëmme mir eréischt of. Dir hätt d'Méiglechkeet gehat, hei zéng Deeg den État de crise auszeruffen, fir d'Parlament ënner Drock ze setzen. An dat ass eeben dat, wat mer lech reprochéieren!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*:- Ech si frou, Här President, dass d'Chamber net e Cluster war an dass Der ëmmer zu 31 Deputéierten hei souzt, fir dass mer dat konnte schaffen. Mee tatsächlech: Wann d'Chamber net hätt kënne fonctionéieren, wann d'Leit net hätte kënnen an d'Chamber kommen, wann d'Texter net hätte kënne gestëmmt ginn, hätt ech et schlëmm fonnt, wann d'Land immobiliséiert gi wier an näischt hätt kënne geschéien. Ech si frou, dass et, op jidde Fall an dëser Chamber, gesondheetlech och jiddwerengem gutt gaangen ass an dass mer haut och nees kënnen hei sëtzen. Mee wann dat net de Fall gewiescht wier, dann hätt ee misse mat allen Optiounen schaffen. An ech si frou, dass déi Chamber déi lescht 18 Méint konstruktiv a wierklech och vollzieleg konnt schaffen.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*):- Also, Här President, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*:- Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*):- ... Här President, dat do, Här President, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*:- Nee, ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*):- ... dat do stoung net zur Ried! Et ass ni drëm gaangen, datt d'Deputéierte solle krank oder gesond sinn.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*:- ... Dir ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*):- Et geet ëm Texter ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*:- Här Kartheiser, ...

(*Brouhaha*)

... Här Kartheiser, Dir hutt en Zeitungsartikel virgeluecht, ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*):- Jo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*:- ... wou Der sot, dass, wann d'Chamber net kéint oder net dat selwecht gemaach hätt, jo, oder aus iergendengem Grund dat net méiglech gewiescht wär, dass een dann aner Gedanke misst féieren.

Ech muss awer soen, an da widerhuelen ech, wat ech gëschter gesot hunn, Här Kartheiser: Déi Chamber hei, an lwwerteneestëmmung mat der Regierung - an do schwätzen ech dann als Chambers-president oder als Vizepräsident vun der Chamber -, huet an deem leschten annerhallwe Joer bewisen, dass no dem État de crise, dee vun der Regierung ausgeruff ginn ass fir zéng Deeg, no der Verlängerung, déi d'Chamber décidéiert huet, an nodeem mer an de Régime normal erakomm sinn, déi Chamber jiddwer Zäit hir Roll konnt spillen an dass déi Chamber, déi hir Roll gespillt huet, sech zu kengem Zäitpunkt ënner Drock gespiert huet!

Wann en Drock komm wär, dann hätt d'Chamber selbstverständlech dorun erënnert, dass si hir Responsabilitéit iwwerhëlt. Dofir, ech géif mengen, dass domat, dass Dir Är Source op den Dësch geluecht hutt, déi en Zeitungsartikel ass, no den Erklärungen vum Staatsminister an no de Fakten, déi dës Chamber geschaf huet, doduerch dass se jidderzäit hir Responsabilitéit konnt iwwerhuelen, déi doten Diskussioun, mengen ech, erleedegt ass.

■ **Plusieurs voix**:- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*:- Ech soen lech Merci, och fir d'Prezisiounen.

Ech géif dann direkt - ech mengen, net zu deem dote Sujet, mee zu der Lag vun der Natioun oder vum Land, fir dass da jiddwereen erëm dermat d'accord ass - dem Gilles Roth fir d'CSV d'Wuert ginn. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gilles Roth** (*CSV*):- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Staatsminister, léif Membere vun der Regierung, erlaabt mer awer am Ufank, eist Matgefill auszedrécke vis-à-vis vun deenen Affer, déi Norwegen erëm kannt huet mat deem Amokattentat. Ech mengen, déi si wierklech net verschount! Déi haten dat zu Utøya, op der Insel, an elo nach eng Kéier en Amokattentat, wat een awer nodenklech mécht.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*:- Här Roth ...

■ **M. Gilles Roth** (*CSV*):- Här President ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*:- Här Roth, just ee Wuert: Ech mengen, am Numm vun der Chamber kënnen ze schwätzen, dass mir eis deem alleguer uschlëissen. Merci och fir déi dote Gedanken.

■ **M. Gilles Roth** (*CSV*):- Nun, zur Lag vun eiser Natioun, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Als CSV, mengen ech, si mer mat der Regierung averstanen, dass de Staatsminister an der Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun eigentlech déi Problemer genannt huet, deenen eist Land sech an deenen nächste Méint stelle muss.

Jo, dat ass de Problem vun dem Klima. An ech soen och als CSV ganz kloer: Mir sinn net der Meinung, dass mer op engem Territoire vun 2.600 km² aleng de Planéit retten. Mee mir soen awer grad esou kloer, dass et an engem moderne Staat sécher ass, dass mer déi Verantwortung hunn, dass mer déi Solidaritéit hunn an dass d'Klimaziler och Partie intégrante vun eiser Politik sinn. Bei enger Volleksparlei passt och d'Klimapolitik an hir DNA.

Fir d'CSV als Chrëschtlech-Sozial Volleksparlei ass et kloer, dass mer duerfir musse mat Solidaritéit kucken, e gréisstméiglechen Deel vun eise Bierger mat an dat Klimaboot ze huelen. Anerersäits si mer awer och der Meinung, dass ee muss déi, déi am meeschte kënne maachen, fir d'Klimaziler ze erreechen - dat sinn nun och emol d'Entreprises -, mat deenen néidege Moossnamen ënnerstëtzen, fir hiren Optrag - a wou se och, mengen ech, hei am Land an enger grousser Responsabilitéit gesot hunn, dass se wëlle mat der Regierung a mat der Politik op dee Wee goen - ze erfëllen, an dass mer och da vun dëser Säit aus d'Entreprises dofir ënnerstëtzen.

Mir soen och ganz kloer Jo als CSV zu deem Problem vun dem Logement, vun der Wunnengsnout. Ech mengen, wann iwwert déi lescht aacht Joer d'Wunnengsbaupræisser hei am Land ëm 59 % an d'Luucht gaange sinn, dann ass dat e reelle Problem. Net all Mënsch méi hei am Land ka sech, wéi dat viru 40, 50 Joer war, nach iwwerhaupt eng Wunneng leeschten!

Mir soen och Jo, dass de Problem vun der Aarmut e Problem ass, deem sech d'Politik ze stellen huet. Mir fannen et éierlech gesot net normal, dass an deem räiche Lëtzebuerg awer mëttlerweil 41 % vun de Monoparentallen, dat heescht vun den Alengerzéier, ënnert der Aarmutsgrenz liewen.

A mir soen och ganz kloer Jo, dass ee sech muss dem Problem vun der sozialer Gerechtegkeet mat all hire Facettë stellen. Dat zielt fir déi Leit, deenen et net gutt am Land geet, mee sozial Gerechtegkeet zielt och fir déi Leit, déi mer nennen déi berüümt Mëttschicht, well déi drécke sech net ëmmer mat hirem Sproochrouer - aus diversen Ursachen, do zielt och heiansdo d'Schimmt derzou - aus. An och d'Politik muss op deem Plang fir sozial Gerechtegkeet suergen.

An dee leschte Punkt - d'Madamm Reding als fréier Vizepresidentin vun der EU-Kommissioun wäert länger dorobber agoen -, dat ass d'Digitalisatioun. An ech géif soen, d'Digitalisatioun, dat ass en Deel vun engem moderne Staat, dee vill Facetten huet a wou-riwwer mer eis och mussen, vun Zäit zu Zäit, déifgräifend Gedanke maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Eise Wee, eist Zil“, esou ass d'Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun vun der Regierung iwwerschruiwen. Déi Ziler sinn ënner ënnerschiddleche Facetten zënter 2013 ugefëiert ginn. Déi Ziler hunn och emol geännert. Mee dat, wat mer awer vermësst hunn, an erlaabt déi Kritik, dat ass, dass mer net déi néideg konkret Weeër opgezeechent gesinn hunn, fir déi Ziler ze erreechen, dat souwuel an der Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun vun eise Staatsminister wéi och gëschter bei deem zwar schéi presentéierte Budget - ech gesinn do gréng Wäibierger, bloen Himmel - vun dem Finanzminister Pierre Gramegna. Ech muss ganz éierlech soen, ech hat gemengt, wéi de Staatsminister déi grouss Ziler, déi grouss Moossnamen am Generellen ugekënnegt huet, dass de Finanzminister do méi prezis a méi déifgräifend noféiere géif. Dat hu mer vermësst an dat fanne mer net gutt!

Dat, wat mer doraus schlëissen, ass eigentlech, dass mer am Land e gewësse politesche Stëllstand hunn. Mir sinn éierlech gesot der Meinung, dass ee grad no der Pandemie méi ambitiéis Moossnamen misst ergräifen fir déi grouss Erausforderungen, deenen eist Land sech an den nächste Méint, an deenen nächste Joren ze stellen huet, dass do net genuch komm ass, fir déi Weichen ze stellen. An, dat mag vläicht net esou sinn, erlaabt mer awer zumindest, déi Impressioun ze soen, dass dee politesche Stëllstand fir eis dorobber zréckzeféieren ass, dass mer an deenen dräi Regierungsparteien nach just den Dénominateur commun minimum, dat heescht dee minimalste gemeinsamen Nenner, fannen.

Dat ass awer och gëschter duerch déi Interventiounen, déi mir selbstverständlech vu jiddwerengem respektéieren, vun dem Fraktiounssprecher vun der DP, vun dem Fraktiounssprecher vun der LSAP ewéi och der Fraktiounssprecherin vun deene Gréngen, also vun deenen dräi Regierungsparteien, erauskomm, dass si eigentlech bei Punkte gesot hunn: „Mir stinn dofir“. Deen aneren huet gesot: „Mir stinn dofir“. An ech hunn net fir näischt, muss ech soen, ... ech sinn awer e bësse verwonnert, wa mer





déi Moossnamen huelen, déi d'Madamm Lorsché zu Recht ugeschwat huet.

Kuckt emol d'Subvention fiscale, den Abatement iwwert den Amortissement accéléré, dat heescht, dass een eigentlech de Wäertverloscht op Immobilie kann ofschreiwen, dass deen de Staat all Joer - dat heescht d'Bierger, d'Allgemengheet, jiddwereen - 50 Milliounen kascht. Mir ware viru 14 Deeg bei RTL, do hunn déi dräi, souguer de Gilles Baum, mengen ech, ganz kohärent Propose gemaach an dunn hunn ech gesot: „Majo wann dat do Är Meenung ass, dann hutt Der d'CSV am Boot.“ A mir bedauern eigentlech, éierlech gesot, dass een op deem Punkt net hätt kënnen, wéi den Här Halsdorf ëmmer seet, Neel mat Käpp maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech soen, mir hunn net déi richteg Weeër erkannt, da muss ech awer soen, souguer bei den Ziler hu mer awer verschidde Propositionen héieren a wou ech ganz éierlech soen: Mir leie vläicht - d'Madamm Hansen gëscher an ech haut - op deene Punkten derniewent, niewent dem Dill, am iwwerdroene Sënn, mee eppes hu mer awer net verstanen an dat ass bei engem Sujet, deen awer, mengen ech, ganz vill Erausforderunge verlaangt, dat ass beim Logement.

Also, wann ech do kucken, wat alles gesot gouf vun dem Staatsminister an der Regierungserklärung vun 2013, dat sinn awer schonn aacht Joer hier, do sot de Staatsminister 2013, vëlleeg zu Recht: „De Logement dreift eis Gesellschaft ausserneen. En trennt d'Leit an déi, déi sech et leeschte kënnen, an déi, déi sech et net oder nëmme schwéier oder net méi leeschte kënnen. En trennt d'Leit an déi, déi hunn, an déi, déi net kënnen hunn.“ Do hat e Recht!

Mee e kënnt eigentlech zu deem selwechte Constat sechs Joer méi spéit. Am Neijoerschinterview, no der blo-rout-grénger Koalitioun II, sot den Här Bettel: „Ech kann lech haut soen, dass ech alles wäert maachen, fir datt mir a fënnf Joer e Land hunn, wou de Stau net den Alldag ass vun all Bierger, wou d'Wunnengsproblematik net d'Suerg ass vun all jonkem Stot a wou d'Schéier tëschent Aarm a Räich net méi grouss ginn ass.“ Hu mer dann elo an deenen aacht Joer an deene Punkten eppes Neies erfuer?

Ech mengen, de Constat, deen Check op deenen dräi Punkten, ergëtt sech eigentlech aus den Deklaratiounen vum Staatsminister selwer, well e virun zwee Deeg hei op der Chambertribün gesot huet: „Während ëmmer méi Mënsche sech d'Wunnen zu Lëtzebuerg net méi leeschte kënnen, ginn anerer ëmmer méi räich, well si hiren Terrain bewosst broochleie loossen an hir Wunnenge bewosst eidel stoe loossen.“ Dräimol hat de Staatsminister Recht! Mee wann ech dat kucken: Iwwert déi aacht Joer huet sech un deem System näischt verännert!

Wa mer e bësse bei d'Zuele kommen - ech wëll dat nach eng kéier soen, well een trotzdeem als Oppositionspartei muss dee kritesche Geescht hunn, fir verschidden Zuelen, déi besonnesch um Niveau vun engder Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun avancéiert ginn, an dat net nëmmen am Numm vun engem Minister, mee am Numm vun der gesamter Regierung an, ech ginn dervun aus, gedroe vun 31 Deputéierten zumindest -, muss ech soen: Dat ass awer e bësse e Regéiere mat Annoncen an ouni Kompass.

Hei, kommt, mir kucke mol eng kéier déi Zuelen, déi hei am Wunnengsbau annonciéiert goufen. 2014 sot d'Madamm Nagel, déi war Vir-, Vir-, ech weess net, wéini, Logementsminister: „10.000 Wunnenge baut de Staat an den nächste Joren.“ An e bësse méi spéit huet si dann eng kéier eng Zilvirgab fir 2025 ginn: „10.000 Wunnenge baut de Staat bis 2025!“

Zuelen! An d'Madamm Hansen huet se genannt. An ech soe se nach eng kéier, well een, muss ech soen, och am Sënn vun der Kredibilitéit vun enger ganzer Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun, awer net einfach esou ka mat Schlagwierder a Schlagzuele ronderëm sech schmäissen.

De Fonds du Logement huet an der Moyenne iwwert déi lescht aacht Joer 92 Wunnenge gebaut, insgesamt 733. D'SNHBM huet iwwert déi lescht aacht Joer am Ganzen 1.048 Wunnenge gebaut, an der Moyenne 131. Am ganze Land, Dir Dammen an Dir Hären, sinn iwwert déi lescht Joren am Duerch-schnëtt - quitte dass iwwert déi lescht zwee Joer besonnesch d'Privatinitiativ méi grouss war - 3.500 Wunnenge gebaut ginn. Gebraucht ginn der iwwer 6.000!

Da muss ech awer soen, wann ech am Hannergrond mat deenen dote Chifferen dann de Staatsminister héieren, dee seet: „Bis 2025“, also dat sinn nach geschloen - 22, 23, 24, 25 -, loosse mer soen, dräi an en halleft Joer, „baut de Staat 8.200 Wunnengen“, 8.200 Wunnengen, wou en der bis elo 1.700 an aacht Joer gebaut huet, mee da soen ech lech: Dat kann ech net novollzéien!

Duerfir stellen ech lech och konkreet d'Fro, Här Staatsminister, am Numm vun der ganzer Regierung: Wou ginn, bis 2025, déi 8.200 Wunnenge gebaut? Wat fir eng Projekte sinn dat? Wéini ass den

Echeancier? Well et weess een, dass ee fir eng Residenz - et si jo vill Buergermeeschteren heibannen - minimum 18 Méint braucht, bis dass se fäerdeg-gestallt ass.

Wivill Wunnenge gi pro Joer vun dem Staat, vun der SNHBM a vun dem Fonds du Logement gebaut? A wéi soll dat finanzéiert ginn? Well déi eenzeg Zuel, déi op deem flott opgemaachte Piktoogramm hei ass, dat sinn 211 Milliounen pro Joer. Abee, ech weess net, wéi ee mat 211 Milliounen pro Joer dat do alles soll bewerkstellige.

Duerfir muss ech lech ganz éierlech soen: Mir hätte gärden déi konkreet Zuelen! A wann dat do e Bling-Bling-Chiffer ass, einfach, fir en Effet d'annonce ze hunn, wou d'Leit soen: „O, an engem Joer hu se dat souwisou alles vergiess“, da free mir dat systematesch no. A mir froen och all Joer de Bilan. Well d'Land an d'Leit hunn e Recht ze wëssen, ob dat, wat Dir, Här Staatsminister, an esou engem sensibelen Domän wéi dem Logement, dem Land a senge Leit sot, richteg ass oder net. Ass dat net richteg, ...

#### (Interruptions)

... ass och d'Kredibilitéit an anere Punkte vun Ärer Deklaratioun, fir eis zumindest, a Fro gestallt!

Här President, niewent där Kakophonie do mat deenen Zuele wëll ech awer ee Wuert zur Grondsteuer soen, well dat sinn déi zwou Steieren, d'Grondsteuer an eng Spekulationssteuer - ech kommen herno nach dorobber zrëck -, déi ugefouert gi sinn, zumindest an der Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun, fir de Wunnengsbauproblem ze léisen.

Also, ech soen et riichter aus - ech hunn d'Chance, 21 Joer Buergermeeschter vun enger mëttelgrousser Gemeng ze sinn -: Mat der Grondsteuer eleng, an ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, och den Här Kersch als fréieren Innenminister selwer, léise mir de Problem vun der Wunneng hei am Land net!

D'Grondsteuer ass, fir eis als CSV zumindest, en Instrument, fir eng gewësse sozial Gerechtegkeet ze schafen, eng Gerechtegkeet um Niveau vun der Besteuerung vun de Leit, eng Gerechtegkeet um Niveau vun dem Kapital engersäits, an do ziele fir eis Immobilien derbäi, an anerersäits der Besteuerung um Niveau vun de Léin a Gehälter. An ech gesinn, dass den Här Kersch eis do zoustëmmt.

Deen zweete Punkt ass deen, dass mer soen: D'Spekulationssteuer, do sti mir derhannert. Well mir gesinn, dass a puncto Spekulationssteuer an eenzele Gemengen, vun eenzelne Buergermeeschteren, seet een, luewenswäert Efforte gemaach ginn. Mee dat ass um Niveau local. Am Sënn vun der Gläichstellung vu sämtleche Bierger am Land sollt een dee Punkt do op nationalem Niveau léisen.

An ech mengen, dat, wat gewollt ass, an d'Wuert ..., de Moie war ech op dem 100,7 an de Journalist huet gesot - ech sinn herno net méi richteg nokomm -: Déi Spekulationssteuer, wéi mer ëmmer soen, ass jo eigentlech, sou wéi mir et alleguerte verstinn, eng Aart Leerstandstax. Dat heescht, engersäits applizéiert se sech op Logementer, déi net occupéiert sinn an déi net bewunnt sinn, an anerersäits op, ech soen, Terrainen, déi ausgewise sinn als Bauland oder als Bauterrain an net occupéiert sinn. Ech mengen, do musse mer eis eng kéier, och an dem Verständnis vun eise Matbierger, politesch eens ginn iwwert de Wuertgebrauch.

Well wa mer iwwer Spekulationsbesteuerung schwätzen, an Dir sot jo ëmmer: „Wat sinn dann Är konkreet Proposen?“: Ma, mir hunn do eng konkreet Propos, dat ass ganz einfach déi, dass, wann een e Logement huet, en Appartement, wann een dat zwee Joer hält an et verkeeft een et a mat de steigenden Immobilienpräisser, mécht een do an der Reegel eng relativ fett Plus-value, da bezilt een, Stand haut vun eiser Steuerlegislatioun, dorobber, op där Plus-value, 20 % Steieren, d'Hallschent vun deem Normalen.

Mir fannen et als CSV, soen ech riichter aus, net normal, dass een, dee sech dat ka leeschten, och nach iwwert d'Schold matfinanzéiert, well en dann aner Immobilien huet, fir déi Schold ze garantéieren, eigentlech do eng Plus-value kritt, an déi Leit, déi géint Loun a Gehalt schaffen an déi net emol un déi Plus-value do erukommen, an net nëmme mat deene klengsten, mee och souguer mat mëttlele Revenuen, déi bezuele scho relativ stramm séier 40 % Spätzesteiersaz op deem, wat se méi verdéngen.

Mir fannen, dass dat net richteg ass! Mir fannen, dass dat net gerecht ass an engem System vun engem sozial ausgewogene Steiersystem. A mir sinn der Meenung, dass een do muss usetzen, fir dat ze änneren.

Do kéint een natierlech soen: „Mee vu wéi kënnt dat?“ Jo, dat kënnt vun 1967 an dat ass adaptéiert ginn. Jo, d'CSV huet och emol derfir plädéiert, dass deen Taux sollt op e Véierel erofgoen. Dat huet jo den Effet gehat, dass dunn e bësse méi Leit hir Wunnenge bewunnt gemaach hunn. Wann dat awer

näischt bréngt, da muss een och eng kéier iwwer säi Schiet sprangen an et muss een do eng Adaptatioun oder eng Readaptatioun vun deem System maachen.

Dat selwecht gëllt, an ech hunn et virdrun ugeschwat, beim Amortissement accéléré. Dat heescht, fir dat einfach ze erklären: Wann Der eng Wunneng, sief dat en Appartement oder en Haus, verlount, da kënnt Der e Wäertverloscht steuerlech geltend maachen. Bei engem Appartement sinn dat 5 %. Dat heescht also, wann een en Appartement huet, loosse mer soen, vun engem Wäert vun enger Millioun - elo sot Der: „Dat sinn héich Appartementer“, mee kuckt emol eng kéier d'Präisser an den Zeitungen, dat si keng riseg Appartementer, dat si geräimig Appartementer -, da kann deejéinegen niewent de Scholdzësen 50.000 Euro ofzielen. Wann en also zwee oder dräi oder véier Appartementer huet, da setzt dee 4 Mol 50.000 Euro vun senger bestiebarer Basis of. Dat geet also bis 200.000 Euro a méi.

Dir sidd mat mer eens: Déi Leit, déi keng Suen hunn, kënnen sech dat do net leeschten! Mir sinn awer als CSV der Meenung, dass et sozialsteuerlech onge-recht ass, dass d'Allgemengheet bei engem Spätzesteiersaz vu 40 % dann do 80.000 Euro, nämlech 40 % vun 200.000 Euro, déi ee kann ofschreiwen, netto bäisteiert. Mir sinn der Meenung, dass dee System do net méi adaptéiert ass un d'Zäit. Et ass och schwéier, de Leit ze erklären, dass Der u sech e Wäertverloscht hutt vun enger Immobilie, wann den Immobiliwäert, wéi dat déi lescht Jore war, allgemeng ëm 16 % zougehol huet.

Et ass kloer, dass, wann eng Immobilie méi al gëtt, se natierlech, ech soen, eng gewëssen Usure huet. Mee déi läit net bei 5 %. An ech kucken hei de Kolleeg Georges Engel, dee gesot huet, d'Sozialiste kéinte sech och virstellen, fir deen Taux vu 5 % erf-zefueren oder ganz ofzeschaffen. Bon, mir sinn do fir vill Alternativen op. Mir kéinten och mat enger Alternativ liewen, déi seet: Et kann een dat bis op e gewësse Plaffong - ob dat 50- oder 75.000 Euro sinn - limitéieren. Mee op jidde Fall, dem Prinzip, fir dat ofzënnere, steet d'CSV net am Wee!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat, wat ech och wëll soen, dat ass, dass mer appreciéiert hunn, dass Adaptatiounen komm sinn un der Legislatioun vun de sougenannte Fonds d'investissements spécialisés, de FISen. Mir wiere frou, wann de Staatsminister respektiv de Finanzminister deemnächst eng kéier der Chamber géif e Rapport maachen, ob déi Moossnamen, déi do geholl goufe bei dem leschte Budget 2020 fir 2021, och hiren néidegen Néierschlag fonnt hunn oder ob nach ëmmer Strukture genotzt ginn, fir laanscht déi Adaptatiounen, déi d'Legislatur gemaach huet, ze kommen.

Da wëll ech awer e Wuert soen: Mir léise mat der Grondsteuer, mat Steieren de Problem nëmmen deelweis. Wat ass de reelle Problem bei den Immobilien? A mir sollen deen och éierlech, riichter aus uschwätzen. Hei si jo eng ganz Rei vu Leit, déi lokal Verantwortung droen oder matdroen. Och wann dat vläicht batter kléngt, mee mat Noverdichtung aleng ...

Et ass gesot gi vun de Kolleeginnen a Kolleegen vun deene Gréngen: Mir hunn 2.800 Hektar am Perimeter leien. Jo, wann déi sollte bebaut ginn, dann hätt dat jo scho laang kënnen gemaach ginn. Dat geschitt awer net! An Dir kënnt och net mam Hummer op ee schloen, wann dee seet: „Jo, déi Wiss läit fir mech gutt. Firwat soll ech elo nach een Haus dorobber bauen? Firwat soll ech dat verkafen? Dat ass fir mech eng Wiss. An dat hunn ech.“ Dat ass och een Deel vun dem Privatrecht vun enger eenzelter Persoun. An da kënnt een, och wann dat net ëmmer gär gesi gëtt, net laanscht d'Perimetererweiterung.

Do wëll ech awer vun eiser Säit eppes kloer soen: Den Här Kersch huet jo matgeholf mat dem Här Halsdorf, fir dat Gesetz iwwert den Aménagement communal méi einfach ze gestalten. An ech muss ganz éierlech soen: Déi Gemengen, déi mat deene PAG-Instrumenter a PAP-Instrumenter eens ginn, déi kréien och e PAP a sechs bis néng Méint duerch.

Also et soll kee soen: „Dat dauert Joren a Joren a Joren.“ Wann Der en anstännegen Urbanist hutt an Dir kuckt dat zesumme mat de Servicer vun dem Interieur, déi sech do weesentlech verbessert hunn, an Dir sicht e Konsens an Ärem Gemengerot, da kritt Der esou Lotissementer an, ech soen, aacht bis néng Méint duerch, ouni dass do Honnerte Leit op de Barrikade stinn. Dat, wat awer e Problem ass, an dat kann ee léisen ouni Suen, dat ass dat Inner-Service-Verständnis zwëschen den eenzelne Ministèren.

Et kann net sinn, Dir Dammen an Dir Hären, dass, wann en Terrain lotisséiert ass, deen déi gesamt Prozedur duerschlaft huet, dann op eemol ee kënnt aus iergendengem Service, aus iergendengem Ministère: „Ech hunn awer mäi Pfefferkär nach net bäiginn. Elo gëtt nach déi hei Etüd gemaach. Et gëtt nach gekuckt, ob an där Scheier do Flidernais sinn. An dat kënnt Der awer nëmme maachen, wann d'Flidernais fléien, ier déi Scheier ofgerappt gëtt.“

Da kënnt deen nächsten, da seet deen: „A, do ass nach Patrimoine architectural.“ Den Drëtten kënnt, da seet deen: „A, elo kommen och nach d'Réimer hei.“ Jo.

Ech wëll ganz kloer soen - an ech weess, dass d'Madamm Modert mech hei schaarf kuckt -: D'CSV steet mat Recht zu den Äusserungen vun der fréierer Kulturministesch, dass mir virum Patrimoine architectural Respekt hunn a virun de Fouille-historiquen.

Mee, Dir Dammen an Dir Hären, dat muss awer geschéien am allgemengen Interessi. A jiddweree soll do seng Roll spillen. Mee e muss se spillen, le moment venu. An dat ass dee Moment, wou, jo, e PAP an d'Prozedur geet. Well do sëtzen déi Leit och am Ministère de l'Intérieur. An da kann et net sinn, wann de Bagger bis rullt, dass da grouss Panik ass a gesot gëtt: „Jo, dat do misst klasséiert ginn.“ Neen!

Et gëtt zwou Méiglechkeeten, fir eppes ze klasséieren. Dat muss een och éierlech soen. Dat ass eng kéier de Patrimoine communal, wou d'Gemeng hir Verantwortung huet, déi se an der Reegel zesumme mat Sites et monuments hält. An déi zweete kéier ass et, wann doriwwer eppes sollt vergiess gi sinn, do sinn net d'Buergermeeschteren, och net d'Schäffen an och net d'Gemegeconseillere Experten dran. Ech soen dat riichter aus fir mech, an ech mengen, eng ganz Rei vu Leit, déi gesonde Mënscheverstand hunn, a mir hunn där op där enger Säit a mir hunn där op där anerer Säit sëtzen, si mat mir do eens.

Dann ass et awer um Staat, fir d'Verantwortung ze iwwerhuelen an dee Wee ze goen, deen d'Gesetz virgesäit, nämlech eppes national ze klasséieren. Da muss een dat maachen. An da muss een och do d'Verantwortung iwwerhuelen. Da kann een net soen: „Jo, d'Gemeng, déi huet dat do verpasst. An dat si Kulturbanausen. An déi hunn näischt fir déi Saach iwwreg.“ Dat ass eng einfach Saach! An dat ass eng Saach, wou jiddweree beim Staat och seng Verantwortung muss iwwerhuelen. Wa mer do eng besser Koordinatioun hunn, dann daueren déi Prozeduren net esou laang.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Entlaaschtung vun de Bierger. Ech hu fonnt, dass dat eng Diskussioun ass, déi vill am Ausland gefouert gëtt, besonnesch am Hannergrond vun deene steigenden Energiepräisser. Ech soen et kloer an d'äitlech: D'CO<sub>2</sub>-Steier hei am Land, sou éierlech muss ee sinn, ass net aleng Schold un deene steigenden Energiepräisser, déi mer elo hunn.

Mir hunn awer nun emol de Phenomeen, an dat gesäit jiddweree vun eis, wann en dann nach tanke geet - déi, déi Elektro fueren, déi kréien dat dann net esou all Dag op der Pompel oder an der Woch op der Pompel mat -, dass Der mat engem Auto vu 50 Liter, dat ass net dee risegsten Tank, 47 % méi Sprit bezuele musst. Dat ass wierklech vill! 47 % méi Sprit zënter dem Oktober 2021. Op ee Joer mécht dat, wann een nëmmen dräimol de Mount tanke geet mat 50 Liter, an dat ass keen, deen zu Clierf oder am Norde wunnt oder soss am ländleche Raum, well dee geet weesentlech méi oft tanke, fir op seng Aarbecht oder soss ze fueren, schonn eleng direkt 100 Euro. Jo!

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Mir müssen de President froen, ob ech lech dierf eng Fro stellen.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Jo.

#### (Approbation de la présidence)

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Här Roth, Dir hutt jo elo viles gesot, muss ech ganz éierlech soen, wat mer ganz sympathesch ass, mee bei deem Beispill, dat Der elo amgaange sidd ze developpéieren a wat ech schonn eng kéier héieren hunn: Dir sot ëmmer, d'Leit mussen 47 % ... Jo, Här President, ech froen dann ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Jo.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Kann een d'Zäit unhalen? Jo, da sot elo séier.

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Dir sot elo, déi 47 %, kuckt een et op ee Joer, déi d'Leit mussen méi bezuelen. Ech bestreiden dat net. Ech mengen, déi Zuel läit do. Doriwwer kann een net diskutéieren. Et wär awer vläicht, wéinst der intellektueller Éierlechkeet, net schlecht, wann ee géif soen, wéi et virun der Kris war, a wann ee géif de Präis vun der Energie am Joer 2019 par rapport zu deem, wéi et haut ass, vergläichen. Da kënnt ee vläicht net op déi 47 %. Et ass nach ëmmer vill, dat weess ech. Mee et sinn awer net déi 47 %, déi Der elo ugeschwat hutt!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Also, Här Kersch, ech muss lech dat elo soen, ech sinn hei net nëmmen intellektuell éierlech, mee ech kann dat och nach mat Chifferen appuyéieren. Op Base vun deenen Dokumentatiounen, déi d'Fraktioun mir preparéiert huet, hunn ech hei zum Beispill fir de Gasoil de chauffage, also fir de Mazout, well dat ass nämlech dat Zweet, wat ech, ...





**(Interruption)**

... den Heizungsmazout, ech kann et awer och op den Diesel huelen. Also 2016, den 13.10., war den Diesel 0,97 Euro, 2017, och Oktober: 1 Euro, 2018: 1,18 Euro, 2019: 1,12 Euro, 2020: 0,93 Euro, an 2021: 1,37 Euro. Also dee war ...

**(Interruption)**

Jo ...

**(Interruption)**

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- ... wat ech soen. Dat wëll awer net ...

**(Interruption)**

Mee d'Beispill misst ee vläicht relativéiere mat deene Präisser, déi ee virun der Kris hat. Méi wollt ech net soen.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo. Et muss een dat an der Globalitéit kucken, well et ass net nëmmen de Spritt, deen een an den Auto mécht, mee et kënt och nach zousätzlech de Mazout.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- De Mazout: Wann Der en Tank hutt, ech soen, e Mazoutstank, 2.500 Liter d'Joer, dat sinn 1.000 Euro - dat sinn 1.000 Euro! Dat ass 90 % méi! Dat ass enorm! Ech war selwer erféiert, wéi ech dat do gesinn hunn. An elo sot Dir natierlech: „Brauch jiddwereen 2.500 Liter Mazout?“ Ben, wann Der eeler Haiser hutt ... An net all Mënsch oder all eeler Persoun fänkt mat 75 oder 80 Joer un, säin Haus nei ze isoléieren, wann dat iwwerhaupt geet, ech weess et net, Wärmepumpen dranzeklaken an esou weider, well déi Sue muss ee jo och emol eng Kéier hunn, fir dat kënnen ze maachen.

An duerfir, mengen ech, virun deem Hannergrond, soen ech ganz éierlech, ass et luewenswäert, dass Der d'Allocatioun de vie chère, déi awer 22.000 Bierger am Land concernéiert, an d'Luucht setzt op 200 Euro. Mir sinn awer nodréiglech der Meenung, an do kommen ech bei déi berühmte Mëttelschicht: Déi betrëfft och déi heiten Augmentatiounen, Leit, déi méi verdéngen, Leit, déi Kanner hunn, Leit, déi aner Zorte vun Ausgaben hunn, déi allgemeng Präisdeierecht, sief dat och Restaurantsbesich - ech wëll net jiddwerengem d'Restaurantsbesich ofschwätzen. D'Leit bezuelen och méi fir d'Kleedung, well d'Wuere méi deier gi vun der Kleedung; alles gëtt méi deier!

An duerfir si mir nodréiglech der Meenung, dass d'Regierung et verpasst huet, hei och steierlech Entlaaschtungen ze maachen, besonnesch um Niveau vun der Mëttelschicht. Well ganz éierlech: Zënter 2013, mat Ausnam vun der Aféierung vun dem Kreditt, ass d'Inflatioun net méi ausgeglach ginn. Dat soen lech d'Gewerkschaften alleguerten. Déi hunn do och Rechebeispiller parat.

A mir waren der Meenung, dass een an der Issue vun der Kris, et ass nämlech dat, wat ënnert dem Staatsminister Juncker/Asselborn deemools gemaach gouf, och, fir d'Kafkraaft vun de Leit ze steigere, eng gewëssen Entlaaschtung um Niveau vun der Mëttelschicht hätt misse maachen.

An ech kommen dorobber, dass och mir 2017 schonns eng Propos gemaach hunn, dass mer als CSV gesot hunn: „Mir wëllen, dass dee Montant, ab deem Der Steiere bezuelt, an d'Luucht gesat gëtt.“ Dat heescht, dass een de Montant, ab deem ee Steiere bezilt - well dee läit de Moment bei 11.265 Euro - no uewe gesat hätt. An ech soen och grad esou daitlech, dass et eis net gestéiert hätt, wann ee fir Spëtzeverdänger deen een oder anere Prozent derbäigesat hätt als Spëtzesteuerbranche.

An ech erkläre mech do: Ech si fundamental der Meenung, dass eng Persoun, déi 500.000 Euro versteiert, där Leit ginn et, jo - well wa se 500.000 Euro d'Joer versteiert, dann huet déi jo Méiglechkeeten, fir Investissemter ze maachen, zum Beispill Apartementer, zum Beispill aner Investissemter, déi se steierlech ka geltend maachen -, der Allgemengheet och eppes soll zrëckginn. An déi profitéiert jo da mat am ënneschte Beräich, dass se mat entlaascht gëtt. Dat ass eng Symbolik.

Ech soen awer gradesou daitlech, dass ee sech muss bewusst sinn, dass et net nëmmen de Spëtzesteiersaz ass, sou wéi en an der Tabell steet. Mee Dir wësst och, Här Kersch, do si mir ënnerschiddlecher Meenung, dass eng Solidaritéitssteuer nach dropkënt. An d'Leit bezuelen och nach eng Assurance dépendance, dat heescht eng Fleegeversécherung, déi bei Spëtzeverdänger awer hefteg ass an déi néierens kann ofgesat ginn. Dat ass also och eng kloer Propos vun der CSV.

An eng véiert Propos, déi ech an deem Kontext wëll maachen - well mir mussen och nach mat der Riedezäit eens ginn -, dat ass déi, dass mir bedauern, dass dat Walversprieche vun der Gambia-2-Regierung ... Ech erlabe mer, dat ze soen, och wann den Här Bausch net frou ass. An Däitschland nenne se dat ...

**(Interruption)**

An Däitschland nenne se dat och „Ampel“. Ech hu geduecht, wéi ech de Kierchbiereg erfokomm sinn, wann ee bei enger Luucht steet: „Du bass dach net méi wäert wéi e Luuchtepotto.“ Mee si schwätzen och iwwer „Jamaika“ an Däitschland. Ech mengen, wann dat an der „Bild“ ka stoen, dann erlaabt mer, mee ech ...

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Ech si mat lech d'accord, Här Roth, Jamaika ass mer méi sympathesch als Land wéi Gambia.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Mee da schwätzen ech lech ...

**(Exclamations)**

Här Bausch, dann huelen ech mech zrëck an da soen ech „Blo-Rout-Gréng-2“ oder „Här-Bettel-Regierung-2“ ..., dass mer eigentlech bedauern, dass déi Entlaaschtung fir d'Steierklass 1A net komm ass. Dat war eent vun den Haaptwalversprieche vun deser Regierung.

**(Brouhaha)**

Amplaz de Leit ze soen: „Ob bestuet, gepacst, gekummert, aleng liewend, Jiddwereen ass an där selwechter Steuerklass a kee verléiert“ ... Den Här Finanzminister hu mer à itératives reprises gefrot: „Wat hätt dat da kascht?“ Dat huet en eis ni op den Dësch geluecht. Ech weess och net, ob en iwwerhaupt e System huet fir dat virzeleeën. Also mir hätten et besser fonnt, et wär een déi Saach e bësse méi bescheiden ugaangen. Mir hätten nämlech direkt emol ëngesat, dass een amplaz no dräi Joer eréischt no fënnef Joer nees an d'Steierklass 1A fält an dass ee virun allem d'Tariffgestaltung vun der Steuerklass 1A esou ugepasst hätt, dass déi Leit manner staark besteiert gi wären.

Gratis Museksunterrecht, gratis Maison relais, jo, dat klängt alles gutt. Bei eis um Land soe se ëmmer: „Wie bestellt, dee bezilt.“ An hei ass et net de Staat, dee bezilt. Dat ass en Effet d'annonce, Bling-Bling-Announce. Mee déi, déi musse bezuelen, sinn d'Gemengen!

An ech hat eise fréiere Kolleeg, de Roger Negri, de Moien um Telefon, dee mer gesot huet: „Mir bauen eng nei Maison relais am Holz, well mer kuerzfristig nei Capacitéite gebraucht hunn, well d'Leit d'Kanner no der Pandemie vill méi an d'Maison relais schécken“, wat ech och gutt fannen am Sënn vum soziale Gefüge. Ech wëll lech awer just soen, dass Der eenzeg an aleng mam Holz esou eppes schnell - dat ass wéi an Eisträich, wou se op eemol e ganzen Hotel an enger Saison bauen - kënt an nëng Méint oder engem Joer hikréien.

Ech hunn do gefrot: „Wou leie mer elo?“ Bei iwwer sechs an eng hallef Milliounen Euro. An 30 % ass eleng de Präis vun dem Gros œuvre fermé. Dat heescht, de Gerüstbau ass an d'Luucht gaangen eleng duerch de Präis vum Holz. Wat ech domadder wëll soen: Ech mengen net ... Mir hunn elo eng Gemeng aus dem Speckgürtel vun der Stad Lëtzebuerg, där et da vläicht dann awer nach net esou schlecht geet, mee wéi sollen d'Gemengen, nee, wéi sollen d'Gemengen dat do maachen, bannent engem Joer?

Meng Zäit leeft séier fort. Duerfir wëll ech awer nach op zwee ...

■ **Une voix**.- Awer all déi aner hunn iech nozelauschteren!

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo, mee wann dat agreabel ass, fënnef Minutte kréie mer herno, well mir hunn nach e puer Riedner hei ...

**(Hilarité)**

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Jo, also ech mengen, Här Roth ...

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo, ech ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Ech mengen, Här Roth, do musst Dir ënnerteneen eens ginn.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo, jo, jo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Dir hat ...

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech maachen ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- ... insgesamt 186 ...

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Äre Kommentar ass erëm eng Minutt bäl!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- ... Minutten.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech wëll och kloer soen, vu dass ech och gären d'alternativ Propose vun der

CSV hätt, dass d'CSV kloer zum Bankgeheimnis fir Residentë steet.

■ **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien!

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat ass jo eng Diskussioun, déi opkomm ass. Mir respektéieren aner Meenungen. Mee mir stinn zu eiser! An eis Meenung ass déi, dass mir och fir d'Fräiheet antriede vun de Leit an de Schutz vun der Privatsphär, besonnesch an engem klengen Land, wou awer, loosse mer soen, bei 650.000 Leit, een deen anere kennt. Jo, ech weess, et gëtt en Amtsgeheimnis vu Steuerbeamten. Ech weess och: Wann eppes bis an engem Computer ass, ass dat natierlech méi einfach asiichtbar, wéi wann alles a Pabeierform ass an den Dossier ass zou, en ass an engem zouene Schaf. Mir wëlle kee glieserne Bierger zu Lëtzebuerg!

Mir sinn awer der Meenung, dass déi Instrumenter, déi agefouert goufen an déi mer matgestëmmt hunn 2019, nämlech déi vun der Fraude fiscale a vun der Fraude fiscale aggravée - dat sinn nämlech Strofmoosnamen, wann ee vis-à-vis vun de Steiere Saachen net deklaréiert oder falsch deklaréiert -, mussen duergoen, fir deene Leit hir Verméigensverhältnissen ze klären oder wat och ëmmer. Dat soll da punktuell gefrot ginn an net ee Rundumschlag gemaach ginn: „Hei, ech hunn elo Accès iwwert den S-Net vun deem an deem“, „ech hunn dee bei der Raiffeisekeess“ oder „ech hunn Accès zu der Post“.

Well, wat Der jo och wësst, dat ass, dass dat net nëmmen d'Recetté sinn, mee dat sinn och d'Depensen. E Visa-Kont, zum Beispill, dat ass e Kont. Wann eng Persoun e Visa-Kont op enger Bank huet, wat net hir normal Bank ass, dann huet se e Kont. Dann huet se e Kont!

Ech sinn awer der Meenung, dass et net onbedéngt de Staat oder de Beamte vum Staat eppes ueget, wou een akeeft, wou een an d'Vakanz geet, wou een ësst a wou ee soss nach privat Depensé mécht. Dat ass eis Meenung. Ech weess, dass déi net ëmmer vu jiddwerengem gedeelt gëtt. Mir soen dat als Vollekspartei. Et steet an eisem Walprogramm. An dozou sti mer, gradewéi mer awer kloer soen, dass et fir eis keen Tabu ass, dass, wann een d'Quellesteuer, déi jo deemools agefouert gouf ...

An dunne hu mer zesumme mat der LSAP - hire Spriecher war de Ben Fayot - gesot: „Wa mer d'Quellesteuer hunn, da kënnen mer d'Vermögenssteuer ofschafen.“ Mir hu kee Problem, wann een eng Kéier driwwer nodenkt, well dat jo an urspringleche Projeten och ugeduecht war, dass een d'Basis vun der Quellesteuer zum Beispill géif ausdeenen, dass een net seet: „Déi applizéiert sech eleng op Spuerprodukter“, mee do kéint een d'Basis jo och méi gläich maachen. Dann hätt een eigentlech dee selwechten Effekt an d'Privatsphär vun de Leit wier och respektéiert.

Ech hunn elo 34 Minutte geschwat, minus déi, déi Der mer ofzitt, Här President.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Haha!

**(Hilarité)**

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech kommen zum Schluss a wëllt soen: Der Regierung hire Slogan war des Kéier: „Eise Wee, eist Zil.“ Mir hu keen erkennbare Wee fonnt. Dofir hätt ech eigentlech gär der Regierung e Kompass geschenkt. Mee et ware vill Bling-Bling-Ziler, déi ugekënnegt goufen. An dat waren net nëmmen déi vun de Chiffere vum Logement. Fir d'CSV: Mir halen et do méi bescheiden - mir mussen dat och maachen. Mir sinn an der Opposition, mee mir sinn no bei de Leit. Dem Bierger hir Sueren, dat gesi mir als eisen Opdrag. An dofir eis alternativ Proposen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Däerf ech dem Här Roth eng Fro stellen?

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Jo, wann den Här Roth domat d'accord ass. Hien ass jo nach hei.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo.

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Villmools merci, Här President. Merci, Här Roth. Ech hunn lech genau nogelauschtert. Ech hunn och geschter der Madamm Hansen genau nogelauschtert. Dir hutt kuerz iwwert d'CO<sub>2</sub>-Steier geschwat, d'Madamm Hansen och. An d'Madamm Hansen huet gesot: „Wéi entwéckelt sech dee Präis weider?“ Si huet iwwert d'Previsibilitéit geschwat. Dat ass och eppes, wat effektiv wichteg ass, well mir mussen do der Economie an och de Bierger soen, a wat fir eng Richtung et geet, fir eeben a Richtung Klimaneutralitéit déi richtig Investissemter ze férdere.

Wat Der awer net gesot hutt, ass, dass mer en CO<sub>2</sub>-Präis agefouert hunn. Dëst Joer ...

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Entschëllegt, Dir kënt nach eng Véierelstonn schwätzen, mee eis Zäit leeft weider.

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Ech schwätze keng Véierelstonn!

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Nee, nee, nee, mee eis Zäit leeft weider.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Et ass fir mech evident, dass dat net op Är Zäit geet. Jo, déi gëtt ofgerechent.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- 5 Minutten, he.

**(Hilarité)**

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Dat gëtt ofgerechent an ech géif den Här Benoy bidden, zum Punkt ze kommen.

**(Brouhaha)**

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Ech kommen zum Punkt.

20 Euro d'Tonn dëst Joer, 25 d'nächst Joer, 30 dat Joer drop, dat Ganzt sozial gerecht.

Meng Fraktioun huet sech och kloer positionéiert, wéi et da soll weidergoen déi Joren duerno, well dat ass grad wichtig, wann ee wëllt der Economie an och de Stéit Previsibilitéit ginn.

Wéi gesitt Dir dat? Wéi gesäit Är Fraktioun dat? Well Dir hutt eis dat haut net gesot. An d'Madamm Hansen huet dat och net gesot.

Merci.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Majo, ech hunn lech ganz kloer gesot oder da soen ech et elo am Numm vun der CSV: Mir stinn zu där CO<sub>2</sub>-Steier an deenen Héichten, wéi Der se elo gesot hutt. Duerno kënt eng nei Regierung. Ob mir dobäi sinn oder net, weess ech net. Ech hoffen, dass dann och eng Kéier, wéi an Däitschland, déi vläicht dann nach stäerkste Fraktioun awer emol nach eng Kéier däerf matregéieren. Dat soen ech awer och kloer.

■ **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien!

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- An da leeë mer dat au vu du moment fest. Mee fir eis ass et ganz kloer: Et wäert mat eis net zu weideren Erhéijunge vun enger CO<sub>2</sub>-Steier kommen ouni e sozialen Ausgläich.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- An duerfir fuerdere mir mat Nohalt, dass d'CO<sub>2</sub>-Steier an den Index-Wuerkuerf kënt.

Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci dem Här Roth. Ech gi jo dervun aus, dass den Här Roth dann déi Partei mengt, déi no de Walen déi stäerkste Partei ass.

**(Hilarité)**

■ **Une voix**.- Net esou wéi no de leschte Walen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci gesot. Da géif ech d'Wuert weiderginn un den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. André Bauler** (DP).- Här President, léif alleguer, wéi mer de leschte Freideg hei am Parlament zesumme waren an iwwert d'Déierentransporter queesch duerch Europa geschwat hunn, du si mer eis alleguer hei, jo, ech ka soen iwwerparteilch, bewusst ginn, datt et op dësem Plang nëmmen eng Léisung gëtt: harmoniséiert europäesch Reegelen, fir „Trittbrettfahrer“ ze vermeiden, op där enger Säit an op där anerer Säit méi effikass, méi streng Kontrollen.

Billen, déi ee vu gewëssenen Déierentransporter op der Télee gesäit, schockéieren eis a si verlaangen eng séier a wierksam Reaktioun vun der öffentlicher Hand. Dës Billen stinn, denken ech, dacks symbolesch fir d'Manéier, wéi mer zanter Joerzéngte mat eiser Ëmwelt a mat eisen Déieren am Besonneschen ëmginn.

Dës Billen interpelléieren eis, well si stellen déi fundamental Fro vun der Aart a Weis, wéi mer produzéieren a wéi mer konsuméieren. Si riichte sech also un d'Betriber an un eis selwer, un eis als Konsument. Mir selwer awer kënnen ganz villen veränneren, fir datt munches besser ka ginn. Déi sozial Maartwirtschaft muss dofir ëm déi nohalteg Komponent erweidert ginn.

D'Maartwirtschaft u sech ass net de Problem, mee et ass d'Manéier, wéi mer an där fräier Wirtschaft agéieren. Et geet also ëm Responsabilitéiten. An do ass sécherlech déi öffentlech Hand gefuerdert, fir mat Reegelen an diversen Hëlfelefen derfir ze sueren, datt sech eppes zum Gudde verännert.

Ma iwwert de Staat eraus si mer, wéi gesot, och selwer gefuerdert. Mir mussen eis als Konsument froen: Wou kafen ech? Wat kafen ech? Wéi ginn ech also meng Suen aus? A wou investéieren ech dat, wat ech gespuert hunn?

Wa mer eis dës Froe stellen a verantwortlech handelen, da si mer um Wee an eng méi gerecht a méi resilient Wirtschaft. Als Konsument hu mer effektiv vill Muecht, wa mer wëllen. Mir mussen just dovun-





ner Gebrauch maachen. An ech denken, datt mëttlerweil vill Decideuren an der Wirtschaft an an der Gesellschaft insgesamt fir nei a méi nohalteg Weeër bereet sinn.

Léif alleguer, Lëtzebuerg ass en dynamescht Land, e Land, an deem Innovatioun a Kreativitéit grouss-geschriwwen ginn. Dat dréit dozou bäi, datt mir hei zu Lëtzebuerg eng widerstandsfäeg Ekonomie hunn, méi widerstandsfäeg jiddefalls wéi aner Länner! Zënter Joerzéngte passe sech eis Entschéedungsträger un. Si passe sech un d'Entwécklungen an un d'Erausforderunge vun eiser Zäit un.

Dës flexibel Approche garantéiert eise Wuelstand, e Wuelstand, dee mat der Hëllef vu ville Mënschen erschaaft gëtt. Dat si Leit aus eisem Land, awer och Leit, déi aus der Groussregion an aus aller Häre Länner bei eis schaffen kommen an zum Räichtum vum Land bäidroen, well eis Ekonomie an der Viruskris zu engem groussen Deel huet kënne weiderfunktionéieren. An Dank eiser diversifizierter Finanzplaz hu mir d'Pandemie, zumindest bis elo, gutt iwwerstanen, trotz alle Schwierigkeeten, trotz alle Réckschléi, trotz alle Schrummen a Schrëpsen, déi esou eng sanitär Kris als Konsequenz mat sech zitt. Et ass also d'Widerstandsfäegkeet vun eiser Ekonomie, déi eis staark mécht. Ouni dës Resilienz gëtt et kee Wuelstand an och kee Wuelsinn.

**(M. Marc Spautz prend la présidence.)**

Resilienz reimt mat Diversifizierung, mat Innovatioun a Kreativitéit. Si sinn, denken ech, déi beschte Viraussetzung fir eng gesond Wirtschaft, Recettë fir de Staat an domat fir e méi developpéierte Sozialstaat. Si erméiglechen, datt um Enn dee Kuch gebak gëtt, deen herno esou gerecht wéi méiglech verdeelt muss kënne ginn.

Gëtt keen esou ee Kuch gebak, oder manner dären Kuch, an et bleiwe just déck Grimmelen, da schuet dat dem Wuelsinn vun eis alleguer. A wien dat net gleewe wëilt, dee bräicht nëmmen a verschidden aner Länner kucken ze goen. Et muss een emol net bis a Venezuela - e Land, wat d'ailleurs developéiert Pétrolreserven huet - oder bis op Kuba fueren.

Do, wou déi mënschlech Kreativitéit net méi Tromp ass, do, wou een d'Leit aus reng ideologesche Grënn net méi innovéiere léisst, se steierlech ze staark belaauscht, do, wou se discouragéiert ginn an ee se aus der eegener Verantwortung entléisst, do entsteet näischt Neies. Do ass wirtschaftlechen Néiergang ugesot. Well schliisslech baut ee kee staark entwéckelte Sozialstaat op eng wirtschaftlech Deponie!

Gesond Staatsfinanze berouen op der innovativer Kraaft vun de schaffende Leit. Gesond d'Staatsfinanze falen net vum Himmel. Et muss ee se sech verdéngen, mat Wäitsicht, mat engem effiziente Steiersystem, mat Kreativitéit, mat Virsicht an - kommt, mir sinn éierlech! - och mat enger gudder Portioun Gléck.

Eis Staatsfinanzen hu sech bis 2019 gutt entwéckelt. Mir waren, kann ee soen, op enger positiver Trajectoire. An dat war de Fall, ier mer an d'Kris erageruscht sinn. Dat huet et erméiglecht, fir während der Kris d'Leit esou staark wéi méiglech ze ënnerstëtzen. Am Joer virun der Pandemie waren d'Recetten an d'Depensen am Zentralstaat am Equilibre.

Dat huet eis e gewëssene Sputt ginn, fir d'lescht Joer, awer och dëst Joer, mat där néideger Schnelligkeet a mat deem néidegen Ausmooss ze handeln. Fir d'national Ekonomie ze schützen, huet de Staat e Stabiliséierungs- a Relanceplang opgestallt, wéi mir nach ni een an eiser Geschicht virdu kannt hunn. Iwwer 2,6 Milliarden Euro goufen an dëser Kris mobiliséiert. De Chômage partiel huet eleng zirka 1,2 Milliarde brutto kascht. A letztlech goufen 791 Milliounen Euro netto ausbezuel.

D'Zil ass a war et, fir net just déi néideg Stäip ze bidden an an d'Relance ze investéieren, mee och d'Ekonomie méi widerstandsfäeg wéi virun der Kris opzestellen.

D'Kris huet effektiv en déift Lach an eis Keese gerappt - an déi vum Staat, an déi vun de Gemengen an an déi vum Sozialstaat, der sozialer Sécherheet. An d'Pandemie ass nach net ganz eriwuer. Eis Ekonomie ze ënnerstëtzen, dat war awer déi richteg, déi eenzeg richteg Äntwert, fir duerch de Bësch ze kommen.

Et heescht also, dass mir den Defizit op laang Dauer nees meeschtere müssen. Dat bedeit, datt mir net kënne maachen, wéi wann näischt geschitt wier. Eventuell nei Depensé müssen ëmmer am Liicht vun deem gekuckt ginn, wat déi lescht 20 Méint geschitt ass.

Eng Austeritéitspolitik, an ech denken, do si mer eis all eens, war vun Ufank u sécherlech keng Optioun. Och wann Austeritéit eis géif erlaben, fir den Defizit ze drécken, esou hätt dës Politik e seriösen Afloss, en negativen Afloss op eis Wirtschaft gehat. D'Regierung queesch duerch Europa hunn aus de Fehler vun der Finanz- a Eurokris geléiert. Austeritéit kënnt also net a Fro. An d'Ekonomie dierf net ausgebremst ginn. An dach muss mer eis Staats-

finanzen nees lues a lues, schrëttweis op Prepanemie-Niveau bréngen.

Fir de Staat ass dat natierlech méi ustrengend, wéi einfach kuerzerhand d'Steieren ze erhéien an d'Depensen ze drécken. Effektiv wiere Steiererhéijunge Géift fir déi schaffend Leit. Si géifen d'Vertrauen an de Staat, an d'Zouverlässigkeet vun der Politik ënnergruuen. Deen eenzege Wee, deen eiser Meinung no dee richtegen ass, dat ass de Wee vun der Wirtschaftler Erhuelung. Well nëmme si schafft Aarbechtsplazen, nëmme si stabiliséiert de Sozialstaat!

Et wier also net verantwortlech, fir méi Scholden ze maachen, wéi d'Situatioun et verlaangt, Scholden op Käschte vun deenen zukünfte Generatiounen. An dofir ass et weiderhi wichteg, un eise mëttelfristege budgetären Ziler festzehalen. Eis Staatsschold, mir hunn et gëschter vum Finanzminister Pierre Gramegna héieren, wäert sech an deenen nächste Jore ronderëm 27 % par rapport zum PIB beweegen, soudatt d'Staatsschold wuelgemierkt ënnert der Mark vun 30 % vum PIB bleift, esou wéi dat de Koalitionsaccord virgesäit, an dat trotz der Kris!

An deem Kontext erlaben ech mer, den Här Paul Zimmer vun der CGFP ze zitieren, dee sech fir eng Politik vun der roueger Hand ausschwätzt an dee rezent prezisiéiert huet, ech zitieren: „Wir brauchen keine unsinnigen Staatsschulden- sowie Steuerrhöhungsdebatten und kein waldemagogisches Herumstreiten im Zeichen von Sparfanatismus und Steuerhysterie.“ Wou de Finanzexpert vun der CGFP Recht huet, do huet e Recht! Mat deem Saz ass eigentlech alles gesot.

Léif alleguer, erlaabt mer, eng kuerz Visitt dann op eis Finanzplaz ze maachen. Jo, eis Finanzplaz ass gutt duerch d'Kris komm. D'Zomm vun den Avoiren an de Fonge läit bei iwwer 5.600 Milliarden. Zum Verglach: Um Ufank vun der Kris waren et 4.600 Milliarden. Am Mee 2020 goung et du schätzeg biergof op 4.100 Milliarden. Elo si mer natierlech e ganz gutt Stéck dovunner ewech. Wien hätt dat eigentlech geduecht? Jiddefalls net am Mee 2020, wann een dann e Bléck op d'Bourse gehäit huet.

Der Fongenindustrie geet et am Moment besser wéi virun der Kris. An duerch dës Entwécklung sinn iwwert d'Taxe d'abonnement rezent och méi Steieren iwwert d'Fongen erakomm.

Eis Finanzplaz huet sech also gutt geschloen a konnt den initialen ekonomeschen Impakt deelweis kompenséieren. Dank dem Teletravail huet si weider gutt fonctionéiert. Et ass also nach eemol gutt gaangen. Mir müssen eis dann och ëmmer nees der kontributiver Capacitéit vun eisem Finanzsecteur bewusst sinn. A mir kruten dat deslescht, am Kader vun eise Reunionen zum Débat fiscal, als Virbereedung zu dem Débat fiscal, deen nach ze féieren ass, illustréiert.

Ech géif gären dorun erënneren: Am Zentralstaat komme bal 25 % vun de Steuerrecetten aus dem Finanzsecteur, dräi Véierel vun der kommunaler Gewerbesteier verdanke mer der Finanzplaz, 75 % vun dem IRC, also Gewerbesteier, kommen aus dësem Sektour, 85 % vun der Verméigenssteuer an 100 % vun der Taxe d'abonnement, wat eigentlech eng Evidenz ass, eng Binsenwahrheit. Déi mécht 2022 bal 1,4 Milliarden Euro aus. Déi lescht Joren, zur Erënnerung, ass déi ronderëm 1 Milliard gependelt, also e Plus hei vun zirka 300 Milliounen Euro am Verglach mam Joer virun.

Déi aktuell Staatsrecettë sinn also direkt vum Fonctionnement vun der Fongenindustrie ofhängeg. Géifen dës Recetten ewechfalen, wier dat sécherlech an onweigerlech en haarde Schlag fir eis Staatsfinanzen. A vergiesse mer net, datt Lëtzebuerg dat eenzegt Land ass, dat esou eng Steuer wéi eeben d'Taxe d'abonnement ophieft, eng Steuer, an doru wëll ech och nach eng kéier hei erënneren, déi ganz fragill ass, déi ganz volatil ass. Dës Recettë sinn also net selbstverständlech a si weiderhin un d'Unzéiungskraaft, un d'Performance vun eisem Finanzstanduert gebonnen. Et ass also Wäitsicht, awer och Virsicht gebueden.

De Finanzsecteur representéiert 53.000 direkt Aarbechtsplazen a souguer 77.000 Aarbechtsplazen, wann een déi indirekt Aarbechtsplazen drunhänkt. Ech denken do un all d'Beroderservicer, vum juristesche Service bis hin zu de Services comptables, fir déi ze nennen. A mir komme souguer op 100.000 Aarbechtsplazen, wa mer all Zorte vu Fournisseuren a Prestataire vum Déngschtleeschungen hei a Betruecht zéien.

Eis Finanzplaz ass attraktiv, virun allem duerch déi politesch Stabilitéit, den Triple-A-Rating vun all den Agencen, d'Fachwëssen a -kënnen, spréich d'Talenter vun de Mataarbechter etc. D'Steiere sinn een Deel vun der Rechnung, jo, ma si sinn awer net alles. De Guy Heintz, de fréieren Direkter vun der Steierverwaltung, huet rezent déi Lëtzebuerger Efforte gelueft an de Beräicher Informatiouns-austausch, Antiblanchiment, Deklaratioun vun de Bénéficiaires effectifs. An deene Beräicher, seet hien, huet Lëtzebuerg, Zitat, „ganz vill gemaach, méi wéi aner Länner“.

Och den Nicolas Mackel vu Luxembourg for Finance huet déi lescht Woch erkläert: „Keng Gesetzgebung ass perfekt [...], mee eis Gesetzgebung ass esou gutt, wéi se ka sinn.“ Enn vum Zitat.

Nieft de geschriwwene Reegele brauche mer awer och Instanzen, déi se kontrolléieren an, wann néideg, Strofen ausschwätzen. Déi verschidde Kontrollinstanze wuessen zesumme mat der Gréisst vun der Finanzplaz. Eleng d'CSSF huet iwwer 1.000 Employéen. An deenen nächste Jore wäert nach weider Personal ageballt ginn, fir eng wierksam Kontroll vum Finanzsecteur a sengen Acteuren ze erméiglechen.

De Lëtzeburger Ekosystem, an deem verschidden erfueren Acteur effikass zesummeschaffen, mécht Lëtzebuerg zu deem, wat et ass: en innovativen an héich kompetitive Standuert, dee sech ëmmer nees weiterentwéckelt a kontinuéierlech upasst, fir beschtméiglech den europäesche Bannemaart ze zerwéieren. Ganz uewen op der Dagesuerdnung sinn de Moment och Ännerungen am internationalen Steuerëmfeld.

Et ass eng grouss Ambitioun, fir SteiERGerechtigkeit op internationalem Plang ze suergen. Wéi besteiert ee grouss Firmen, déi quasi an all Land op dësem Planéit aktiv sinn a grenziwwerschreidend Aktivitéiten hunn? Wéi gëtt e Produkt besteiert, deen an den USA konzipéiert, a China oder an Asien hiergestallt ginn ass, dee mat enger däitscher Firma oder mat eiser Cargolux - well ech grad hei de Mobilitéitsminister gesinn - transportéiert gëtt, wou d'Büroen an engem EU-Land sinn, de Keefer nach an engem aneren, an d'Transaktioun iwwer Serveuren ofgewéckelt gëtt, déi verstreut duerch d'ganz Welt sinn? Op dës Fro kann een eigentlech nëmmen eng koordinéiert Äntwert ginn.

Jo, et wäerten an deenen nächste Joren eng Rëtsch Ännerunge kommen, fir international d'Fiskalitéit ze reforméieren. Op G7- G20- an natierlech op OECD-Niveau ass een elo op de Wee gaangen, fir d'Besteuerung bei de Konsument ze verleeën an eng Mindestbesteuerung vu 15 % anzeféieren. Lëtzebuerg begleet dës Entwécklung proaktiv an hat souguer op ministeriellem Niveau d'Covicepresidence vun deem respektiven Aarbechtsgrupp.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt also konkret d'Pilier I an II, déi vun der OCDE elaboréiert goufen. D'EU schafft des Weideren, mir wëssen et alleguer, un enger Digitalsteuer. Dës Ambitioun konkretiséiere sech den Ament an et sti vill oppe Froen am Raum.

Trotz eiseem ganz diversifizéierte Finanzsystem mussen mir eis awer bewusst sinn, wann et e puer relevante Gesellschaften manner gutt geet, respektiv/oder déi d'Dieren hei zoumaachen, datt dat net ouni Konsequenze fir aner wirtschaftlech Beräicher/Aktivitéite bleift, déi zu eiseem Ekosystem nun eemol gehéieren oder déi dovunner liewen. Ech denken un d'Restauratioun, un d'Botzfirmen, un d'Informatikzouliwwerer oder -dängschtleeschter am informatesche Beräich an esou virun an esou weider.

Lëtzebuerg huet sech och nei positionéiert, wéi d'Bankgeheimnis ofgeschafft gouf, och wéi d'TVA um E-Commerce an d'Land vum Konsument verlagert gouf. Dunn hu mer vill Recettë verluer. An trotzdeem hu mer eis duerch d'Innovatioun ëmmer erëm nei erfiont.

Och am Kontext vun neie Steuerreegele mussen mer elo schonn d'Weiche stellen, fir eis beschtméiglechst op déi verschidden Zenarie virzubereeden, fir datt déi kommend Changementer, déi op eis waarden, eng Chance fir Lëtzebuerg ginn an net zur Fal ginn. Ech sinn zouversichtlech, datt mer, wéi an der Vergaangenheet, och hei e Wee wäerte fannen, fir gestärkt aus dëser Situatioun erauszekommen.

Léif alleguer, wat bedeit dat do dann elo alles fir eis Zukunft? Abee, wéi ëmmer: Mir müssen anticipéieren, ëmsiichteg a virsiichteg sinn a bleiwen. Mir müssen eis an allen Iwwerleeunge bewusst sinn, datt extern Schocken, wéi mer eréischt viru Kuerzem een erlieft hunn, ëmmer nees méiglech sinn. Sécherlech ass et schwéier, hei an haut ze soen, wéi sech d'Steierrecettë vu Lëtzebuerg an dësem Joerzéngt entwéckele wäerten.

Villes hänkt natierlech net nëmme vun eis, mee och vun deenen anere Länner of. Wat geschitt - et ass elo schued, datt de Kolleg Laurent Mosar net kann hei sinn, datt ass säi Liblingstheema - längerfristeg nom Brexit a Groussbritannien? Wéi aggressiv gëtt de Britten hir Steuerpolitik? Wat geschitt och a Länner, déi an der EU verankert, spréich Member sinn? Denke mer u Griichenland, dat sech a puncto ekologesch Transitioun méi attraktiv positionéiere wëllt, oder un Irland, dat bekanntlech en direkte Konkurrent vun eiser Fongenindustrie zanter Laangem ass.

An eiseem Staatsbudget hu mer eng ganz Rei Depensé mat strukturellem Charakter. Och dorunner wëll ech erënneren. Et sinn Ausgaben, déi ëmmer nees erëmmen, déi sech all Joer an de Budget aschreien, also ekonomesch geschwat „rekurrent“ Ausgaben, déi rigid sinn. D'Recetten awer, dat solle mer eis ëmmer nees an Erënnerung ruffen, si par

conter fragill, jo, volatil. An et ka ganz séier zu engem Abroch vun dëse kommen. Denke mer nëmmen un d'Erfahrungen, déi mer virun e puer Joer um Plang vum Commerce électronique gemaach hunn.

An alle Fäll mussen mer eis also ëmmer nees froen: Wéi erhalen mer d'Kompetitivitéit? A wat ech perséinlech léier hunn als Wuert, dat ass: Wéi erhalen mer d'Unzéiungskraaft, déi ekonomesch Unzéiungskraaft vun eisem Land, also d'Attraktivitéit vun eiser Wirtschaft?

Wéi kënne mer zum Beispill nei Talenter unzéien an och behalen, déi eis Ekonomie, a virun allem eis Finanzplaz, ëmmer nees nei beliewen an dozou bäidroen, datt mer se nees kënnen aktiv gestalten? Wéi kënne mer d'Steierpolitik esou ajustéieren, datt mer se an een ëmfaassenden, ee ganzheetleche Kontext setzen, mat Bléck natierlech am Besonneschen op déi nohalteg Entwécklung?

A wéi kënne mer an Zukunft derfir suergen, datt kleng a mëttelgrouss Betriber en Ekosystem virfannen, deen hir Entwécklung méi favorabel begënscht, besonnesch wann et ëm d'Transmissioun vu Betriber geet a wann et natierlech och ëm déi administrativ Entlaaschtung, Vereinfachung geet?

Och bei der Dekarboniséierung müssen eis Betriber begleet ginn. Déi nei Ëmweltziler, déi mer eis gesat hunn, sinn natierlech wichteg. Se si kruzial. D'Ëmsetzung vun dësen Ziler kann awer just geléngen, wa mer jidderee mat u Bord huelen, dat heescht, wa jidderee bei där Transitioun ënnerstëtzt/begleet gëtt.

Mir müssen och weiderhin Talenter hei zu Lëtzebuerg fërderen, Talenter op Lëtzebuerg och unzéien. D'Finanzplaz, reng mënschlech gesinn, dat si vill ënnerschiddlech Aarbechtsplazen, vill ënnerschiddlech Profiller, al Profiller och, déi verschwannen, an nei Profiller, déi kommen oder schonn do sinn. Dat sinn och net lauter Leit, wéi déi Däitsch géife soen, am „Nadelstreifenkostüm“.

D'Finanzplaz ass qualitativ a quantitativ gutt gewuess, och a besonnesch duerch exzellent Mataarbechter, duerch Finanztalenter, muss ee soen. Ouni deenen hiren Knowhow, ouni deenen hiert Wësse géif dës Finanzplaz net esou dosto, wéi se do-steet.

Et ginn awer och nei Profiller gefrot am Beräich vun den nohaltege Finanzen, am Beräich vun der digitaler Evolutioun. An an deem Beräich wëlle mer als Finanzplaz exzelléieren an eis och qualitativ weiterentwéckelen, besser opstellen, well, wéi gesot: Eis Finanzplaz ass vill méi wéi eebe just Steieren. Talenter, dat ass also e grouse Volet, an dee weider muss investéiert ginn.

E puer Wuert dann zu der Green Finance, zu de grénge Finanzen also. Viru fënnef Joer huet d'Lëtzeburger Bourse de Luxembourg Green Exchange lancéiert. Lëtzebuerg huet zejoert och nohalteg Obligatiounen erausginn. Effektiv sinn iwwert d'Hallschent vun den nohaltegen Obligatiounen weltwäit um Luxembourg Green Exchange registriert. 370 Milliarden Euro sinn a lëtzebuergeschen nohaltege Fongen domiciliéiert. Dat ass e Plus vun 117 % am Verglach zum leschte Joer. Domat ass Lëtzebuerg europawäit op der éischter Plaz a weltwäit op der zweeter Plaz.

Green Finance ass e wichtege Aspekt vun der Lëtzeburger Finanzpolitik. Nohalteg Investisementer net nëmmen ze begleeden, ze encadréieren, mee och ze promovéieren, dat ass e ganz wichtege Bestanddeel vun der aktueller Transitioun hin zur Klimaneutralitéit. Mat sengem Knowhow, sengen Ambitiounen an dem Usproch, gutt Produiten als Virreider ze proposéieren, spillt Lëtzebuerg also hei eng Schlësselroll an der Entwécklung vun de grénge Finanzen. Green Finance erlaabt et dann och dem Land, an do kommen ech dann op dat villzéiert Wuert zrëck, méi resilient, also méi widerstandsfäeg ze sinn, well et en zousätzlechen Deel vun eiser schonn diversifizierter Finanzplaz ass. Dat ass sécherlech e grouse Virdeel, zemol dann, wa verschidden aner Sparten, op déi mer laang konnte bauen, op eemol riskéieren, manner attraktiv ze ginn.

Et gëtt dann trotzdeem ëmmer nees Kritiker, déi den Däiwele d'Wand molen an d'Tendenz hunn, fir alles schlecht ze rieden, wéi wann d'Finanzplaz en Zentrum vu Leit wier, déi fuddele géifen oder den Investisseure Sand an d'Ae streeën. Besonnesch am grénge Beräich gëtt ënnerstallt, de Finanzzentrum géif op enger Wollek liewen, während awer um Buedem vun den Tatsaachen d'Nohaltegkeet äusserst klenggeschriwwen géif ginn.

Jo, et kann ee mat den aktuelle Green-Finance-Krittären onzufriede sinn. Et kann een der Meinung sinn, datt gewësse Krittären net ambitieus genuch sinn. Wann een awer dobäi de ganze Modell a Fro stellt, da mécht een d'Vertraue van de Leit futti.

Et gëtt weiderhin un de Krittäre geschafft, heiheem an an der Europäescher Unioun, a mir ënnerhalen eis ganz dacks an der Finanzkommissioun mat deenen zoustännegen Acteuren doriwwer, net nëmme wolwollend, mee och ganz kritesch. A si stelle





sech deene Froen. Mir sinn hei am Ufank vun engem laange Prozess, fir datt d'Green Finance deen Erfolleg gëtt, dee mer eis och dovunner versprochen.

Et ass, well et och en Émdenke bei de Leit gëtt, eng grouss Demande do fir dës Finanzproduiten. An et ass elo un der Zäit, fir dës Neierunge proaktiv ze begleeden.

Den Investisseure gréng Finanzproduiten unzbediden, dat ass letztlech eng Chance fir jiddereen. Et ass eng Chance fir déi, déi wëlle wëssen, wou si hir Suen investéieren. An et erlaabt engem, eethesch a legal besser dozestoen, eetheschen a gesetzlechen Ufuerderunge gerecht ze ginn. Et ass also elo net de Moment, fir de Projet an de Startlächer schlecht ze maachen, mee mir mussen d'Reglementatiounen - well ech sot, mir sinn an engem Prozess - progressiv an offensiv upassen.

Mir sinn de Moment an enger grénger Transition, besonnesch d'Industrie an d'Energieproduktioun sinn direkt dovunner beträff, an och all déi Secteuren, déi dovunner direkt ofhängeg sinn. An dat geet net vun haut op muer. Do kann een net den Zerberstaf eraushuelen an da verlaangen, datt een do einfach den Hiewel kann ëmleeën. Nee, mir sinn an engem Prozess. Dee brauch Zäit. An dat ass e risege kollektiven Effort.

D'europäesch Taxonomie gëtt, wa mer vun de Finanzprodukte schwätzen, de Moment nach ugepasst. Dat ass eng Entwécklung, déi sech mécht. An d'Investisseuren, duerch a mat der Finanzindustrie, finanzéieren dës Transition. Si finanzéieren d'Ëmstellung vun der Ekonomie, d'Ëmstellung hin zu méi Nohaltegkeet, zu méi Klimaneutralitéit.

Esou wéi déi industriell Revolutioun, ech géif gären dorun erënneren, am 19. Joerhonnert net vom Himmel gefall ass, esou sinn natierlech och bei där grénger do Imaginatioun, Wëllen zur Verännerung an deen néidege Courage verlaangt.

Léif alleguer, mir gesinn och d'Auswierkunge vu weltwäite Liwwerenkpäss. A meng Virriedner hu schonn dorop higewisen. Op verschiddenen Niveaue si gewësse Produiten net direkt ze kréien. Et muss ee laang drop waarden. Et gëtt net genuch Vaccinen a Mikrochippe virun allem, an och Baumaterialien. Dëst dreift d'Inflatioun. Natierlech gëtt et fir déi divers Enkpäss verschidden, ganz ënnerschiddlech Erklärungen. An awer muss déi aktuell Situatioun eis derzou bréngen, fir no Léisungen ze sichen.

Déi éischt Äntwert, déi Verschiddener preconiséieren: Majo, da muss mer d'Produktioun op Lëtzebuerg oder an Europa verlagere! Dat kléngt vläicht evident an och novollzéibar, berechtegt. Mee et ass awer leider deelweis illusoresch. Mir mussen hei der Realitéit, spréch de sozialen an ekologesche Facteuren, an d'A kucken. Mir liewen nun emol an enger globaliséierter Welt, an där d'Weltökonomie op den Echanen tëschent de Länner baséiert. Mir sinn hei ee vun deem aneren ofhängeg. Dat ass och eng Situatioun, déi een net vun haut op muer kann änneren, och wann ee gäre méi Sécherheet beim Zougrëff op gewësse Produkter hätt.

Gewësse Produktiounen sinn immens opwändeg. Op där anerer Säit mécht et och net ëmmer Sënn, eng bestëmmten, spezifesch Produktioun an Europa ze huelen, déi soss anescht vill méi effizient verwierklecht ka ginn.

An der Pandemie huet sech gewisen, datt d'Lëtzebuerger Industrie - ech denken do zum Beispill un d'medezinnesch Frigoen, déi hiergestallt ginn - en Deel vun der Covidbekämpfung ka sinn. An d'Lëtzebuerger Industrie huet do konkret Bättrig geleescht. Zousätzlech hunn europäesch Firme kuerzerhand hir gewéinlech Produktioun ënnerbrach, fir Desinfektionsmëttel oder Masken hierzestellen.

Och d'Kreeslafwirtschaft ass, am Géigendeel zu enger Werf-et-eweck-Gesellschaft - ech hunn emol versicht, et eng kéier op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen: Werf-et-eweck-Gesellschaft -, e wichtege Bestanddeel, well Europa esou eppes manner ofhängeg vu Ressourcenimporter gëtt. Wat méi lokal gefléckt gëtt, reparéiert gëtt, wat manner muss importéiert ginn. Dat ënnerstëtzt eist Handwierk a wierkt géint d'Klimakris, an där mer scho matzendra sinn.

D'Handwierk vu Lëtzebuerg produzéiert nohalteg a qualitativ héichwäerteg Produiten. Europa huet an deem Beräich Expertis. An dës Stärken, déi mer lues entwéckelen, muss mer ausbauen. Oder, fir mam Direkter vun der Handwierkummer ze schwätzen, mam Tom Wirion: „Deen neie Wirtschaftsmodell“, seet hien, „vun der Zirkularitéit, deen achséiert ass op dem Vermeide vun Offall, der Weiderbenotzung vu Produiten an dem Asaz vu sekundäre Rostoffer, kann zu enger Opwäertung vum Handwierk féieren.“ Zitatenn.

Iwwert d'Handwierk eraus, Här President - ech gesinn, en huet mëttlerweile gewiesselt -, dierf een awer net vergiessen, wéi eng wichteg Roll eis Landwirtschaft spillt. Virun, während a besonnesch och no der Kris hunn d'Bauern eis - also, ech denken,

wann ech soen „no der Kris“, ass et no der strammer Phas oder der staarker Phas vun der Kris - mat gesonde regionale Liewensmëttel versuergt. Och hinne sief op dëser Plaz nach eemol Merci gesot. An der Landwirtschaft besteet sécherlech Sputt no uewen, zum Beispill an der Uebst- an an der Geméisproduktioun. Hei lount et sech wierklech, den Hiewel unzesetzen, och wann dat d'Effentlecheet eppes kascht. Mir mussen deene Baueren, déi sech nach méi an d'lokal, regional Produktioun lancéieren, hëllefen, finanziell an och op anere Pläng.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. André Bauler (DP).** - Här President, léif alleguer: Jo, Lëtzebuerg, kann ee soen, ass trotz alle Schrumme gutt duerch d'Kris komm. D'Zil ass et elo, fir Léieren aus dem leschte Joer ze zéien an derfir ze suergen, datt mer an Zukunft besser opgestallt si wéi nach virun der Pandemie. Fir widderstandsfäeg ze bleiwen, muss mer weider op d'Diversifizéiere vun eiser Ekonomie setzen, awer och op d'Kreativitéit vun de Mënschen, op d'Innovatioun. Mir mussen Leeschtungen an deem Sënn begleeden an eisem Handwierk, eiser Industrie, an anere Beräicher vun eiser Ekonomie weiderhëllefen, fir Schrëtt fir Schrëtt vun de fossilen Energien ewechzekommen.

Widderstandsfäeg ze sinn, heescht och, datt mer den Erausfuerderung vun der Klimakris begéien. Dobäi spillt d'Finanzindustrie hei zu Lëtzebuerg, well si en ausgeprägte Secteur ass, jo, en dominante Secteur, eng entscheidend Roll, well si jo grad hëlleft, dës Transition ze finanzéieren, dës Transition zu enger méi resilienter a soutenabler Ekonomie ze finanzéieren. Si ass e bedeitenden Hiewel, dee mer usetze kënnen an dee viles bewierke kann.

Datt mer un de Kritäre schaffe mussen an derfir suerge mussen, datt „nohalteg“ dran ass, wou „nohalteg“ dropsteet, datt schéngt mer evident. Och hei, kommt, mir sinn éierlech, si mer an engem Léierprozess, an enger Transition, déi esou kuerz wéi méiglech muss sinn!

Well em wat geet et leschten Enns? Et geet em d'Zukunft vun eiser Äerd. Et geet em d'Zukunft vun deene Jonken. Et geet em d'Zukunft vun de Kanner a Kandskanner. An déi Zukunft däréi eis eeben net egal sinn. Déi huet hire Präis. An dofir muss mer eis haut asetzen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Spautz, Président de séance.** - Merci dem honorablen Här Bauler. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeg/innen, Här Premierminister, Här Vizepremierminister, ech géif gären hei kuerz d'Wuert huelen, net als direkt Äntwert op dat, wat de Staatsminister a sengem État de la nation gesot huet, ech mengen, mäi Kolleeg Georges Engel war ganz ausféierlech a senger Ried, deem ass näischt bäizéiflécken. Vlächcht kann ech awer ee Saz nach soen iwwert de Budget, dee mer gëschter Moie presentéiert kritt hunn an dee jo eigentlech d'Exekutioun ass vun där Politik, déi d'Regierung eis virun zwee Deeg annoncéiert huet: Abee, ech sinn der fester Iwwerzeugung, dass all Finanzminister op der Welt frou war an all Regierung frou gewiescht wier, fir dëst Joer hirem Parlament esou e Budget kënnen virzeleeën, e Budget mat Optimismus an awer och e Budget mat Zouversiicht.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Mee et ass net dofir, firwat ech d'Wuert gefrot hunn. Ech huelen d'Wuert, fir op eppes ze reagéieren, wat gëschter hei gesot gouf a wou ech mengen, dass mir als Demokraten heibannen alleguer dat net einfach esou kënnen am Raum stoe loossen.

Gëschter huet de Verrieder vun der ADR d'Wuert ergraff an en huet gesot - an ech probéieren, lech esou korrekt wéi méiglech ze zitieren, dat ass net ëmmer einfach -, Dir hutt et ganz subtil gemaach, Dir hutt gesot, vill Leit hätten d'Impressioun oder géife fannen, hei zu Lëtzebuerg, dass hir Meenungsfräiheet net méi garantéiert wär.

■ **Une voix.** - Richtig.

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).** - An dat, muss ech lech soen, dat fannen ech geféierlech, wa mer esou Discoursen halen. Ech wëll gären dofir haut dervu profitéieren, fir feststellen, dass d'Meenungsfräiheet hei zu Lëtzebuerg garantéiert ass an dass jiddwereen dat ka soen, wat em um Häerz läit. An dat gëtt och bewisen. Zum Beispill ginn all Joer vun alle Länner déi perséinlech Fräiheete gemooss. A Lëtzebuerg lant do reegelméisseg an den Top Ten vun all deene Länner weltwäit. Et ass also faktesch falsch, ze behaupten, d'Meenungsfräiheet wär net garantéiert. Si mer iwwerall perfekt? Bestëmmt net. Kann een nach dat eent oder dat anert verbesseren? Sécher. Kommt, mir maachen dat!

Ech wëll gären eng kéier hei kloer soen: Zu Lëtzebuerg ka jiddweree sech fräi ausdrécken, heibannen

an der Chamber, dobaussen op de soziale Re-seauen! Et däréi ee manifestéieren. Et däréi een also hei zu Lëtzebuerg viles, wat een op anere Plazen an der Welt net dierf.

Mir kruten an deene leschten Deeg, ech huelen un, mir alleguerten, Dosenden E-Maile vu Leit, déi onzefridde sinn, déi hiren Onmutt ausdrécken iwwer e Gesetz, wat mer e Méindeg wäerte stëmmen. Zäitgläich kréie mer awer och Maile vu Leit, déi soen: „Nee, maacht dat! Dat fanne mer richtig.“

Ech wëll gäre soen: Dat ass jo awer den Ausdrock dervun, dass hei zu Lëtzebuerg d'Meenungsfräiheet garantéiert ass! An déi Meenunge ginn all eescht geholl, och wa mir Deputéierten alleguerten déi Meenunge mussen an d'Wo geheien an herno fir eis, jiddwereen, eis Decisioun huelen, wa mer de Knäppchen drécken, wa mer iwwer e Gesetz ofstëmmen, da muss mer alleguerten déi Meenunge consideréieren. An dat wëll ech de Leit och soen, dass dat alles net fir d'Kaz ass, wa se sech ausdrécken, och wann ech mat där enger oder anerer Saach net averstane sinn.

An da wëll ech nach eng kéier soen: Mir hunn - an déi ass fest verbonne mat der Meenungsfräiheet - d'Pressefräiheet! Déi loosse mer eis hei zu Lëtzebuerg ganz vill Sue kaschten. An dat ass och gutt esou! Well mir wëllen net eng Zeitung mat enger Meenung oder ee Radio mat enger Meenung. Mir hätte gäre vill Meenungen, vill Zeitungen, vill Radio, vill Medien, wou déi verschidde Meenunge zu verschiddene politesche Sujete kënnen zum Ausdrock kommen.

An ech wëll och nach eng kéier soen, dass engem seng Meenungsfräiheet net doduerch ageschränkt gëtt, well een aneren eng aner Meenung huet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Mee bei der Meenungsfräiheet ass et wéi bei alle perséinleche Fräiheeten: Engem seng Fräiheet, déi hält bekanntlech do op, wou engem anere seng Fräiheet ufänkt. An d'Limitt vun der Meenungsfräiheet, déi gëtt erreecht, wann een Haass verspreecht oder wann een anerer diskriminéiert. An dat ass och richtig esou.

Ech wëll och drun erënneren, dass déi Meenungsfräiheet, déi mir hei zu Lëtzebuerg schätzen an déi ganz vill Leit hei zu Lëtzebuerg schätzen, viru gutt 20 Joer net iwwerall an Europa garantéiert war. An et lount sech nach ëmmer, derfir ze kämpfen, se ze erhalen an och weltwäit fir d'Meenungsfräiheet anzetrieden.

Ech wëll gären zum Schluss soen: Zu Lëtzebuerg, do gëtt d'Meenungsfräiheet héichgehalen! An ech sinn och iwwerzeegt, dass se heibanne vu 60 Deputéierten héichgehalte gouf an och an Zukunft wäert ginn.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Une voix.** - Ganz gutt!

■ **M. Marc Spautz, Président de séance.** - Merci dem Här Cruchten. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Reding. Madamm Reding, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Viviane Reding (CSV).** - Merci, Här President. Ech schwätzen hei als fräi Biergerin, fräi gewielt an engem fräie Land. Ech brauch net doriwwer ze schwätzen, well ech hunn dat ni a Fro gestallt, an dat ass och net a Fro ze stellen.

Zur Ried vum Premier. E groussen Deel vum Här Bettel sengen Interventiounen ass iwwert d'Digitaliséierung vun eise Land gaangen. Déi ass noutwendeg fir d'Liewensqualitéit vun de Leit a si ass onersetzlech fir d'Iwwerliewe vun eiser Industrie.

Mee d'Digitaliséierung ass kee politesch Zil. Si ass en Instrument, eng Basis, fir kënnen e politesch Zil ze erreechen, ënner aneren och, an dat ass e puermol ugeschwat ginn, a Saachen Ëmweltschutz a Klimaziler. Esou wäit, esou gutt, wat am Premier senger Rieden d'Opziele vun de Besoinen ubelaangt.

Wat elo d'Erreeche vun den Ziler betrëfft, do hapt et zolidd.

Ech wäert emol fir d'éischt op d'Infrastruktur an d'digital Technologie agoen. Zu engem aneren Zäitpunkt wäert meng Kolleegin Diane Aehm iwwert d'Digitaliséierung am effentlechen Dëngscht diskutéieren.

Deen éischte Punkt, de superschnellen Internet: Zu deem Theema krute mer iwwert d'Joren ëmmer erëm an ëmmer erëm nei Strategien virgeluecht. An elo soll souguer nees eng nei Strategie kommen.

Mee wéi gesäit et da jeenseits vun der Strategie um Terrain aus? Déi Leit, déi um Land wunnen, kënnen net ugeschloss ginn - déi faméis wäiss Flecken! - an déi Leit, déi an de Stied wunnen, déi kënnen et net bezuelen. Well et ass jo net nëmmen esou, datt een, dee wëllt de superschnellen Internet kréien, nëmmen en Abonnement bezilt, o neen! Souguer wann en am Zentrum an engem Wunnegebot läit, da komme ganz deier Uschlosskäschten derbäi. An dee Raccordement kann, esouguer wann et schonn

eng Basiskëscht am Appartementsgebaai gëtt, e Stot iwwer 1.000 Euro kaschten. An och wann dee Stot vun engem Appartement an dat anert Appartement an deem selwechte Gebai plënnert, kascht dat esou deier.

Dat ass e gutt Geschäft fir d'Operateuren an eng Zoomuddung fir eis Bierger. Jorelaang krute mer ëmmer nees gesot, d'Leit zu Lëtzebuerg géifen ugebonne ginn a bis 2025 wär all Stot ugeschloss. Haut, an dëser Woch, hu mer dann endlich héieren, datt dat anescht ausgesäit. An ech zitieren dem Här Premier seng Ausso: Et dierf keng geografesch an och keng sozial Fro sinn, ob ee vu séierem Internet ka profitéieren. Voilà. Do hu mer et dann. Well dat ass nämlech genau de Problem! Endlech ass d'Asiicht do: Mir hunn e Problem!

Mee wat fir eng Hëllef dann elo fir déi Residenze mat ville Stéit, fir d'Familljen, déi Homeschooling mussen maachen a wou ee vun den Eltere Büroarbecht doheem leescht? Erméigleche mer deenen an Zukunft Zougang zu engem akzeptabele soziale Präis? Wat fir eng Hëllef fir d'Gemengen, déi elo versichen, e Kabel duerch d'Réier ze zéien?

Am Budget 2022 si 7,7 Milliounen virgesinn. Wann d'Operateure bei hiren horrenden Präisser bleiwen, dann ass dat doten eng Dréps op e waarme Steen. Dat geet net duer, d'autant plus wou jo an deem neien Telekomgesetz, dat mer och nach ëmmer net gestëmmt hunn, obschonn et scho fäerdeg diskutéiert ginn ass an der Kommissioun, drasteet, datt den Internetuschloss e Biergerrecht gëtt an Zukunft. Also, gëtt dat e Biergerrecht oder gëtt et keent? Gëtt et Bierger, déi et kënnen bezuelen, an anerer net? Op jidde Fall, fir den Ament brauche mir net eng nei Strategie, mir brauchen eng staatlech Aktioun a mir brauchen och Uerdnung bei den Operateuren.

An dat bréngt mech dann zum zweete Punkt, zu dem 5G. Anscheinend ass Lëtzebuerg, an esou gëtt et gesot, Virreider. Den Här Premierminister nennt eist Land „en digitale Frontrunner“. Ben, dat héiert sech jo wonnerbar un. Leider ass et awer net eso! Well déi laang Prozeduren nämlech, déi et gebraucht huet fir d'Versteigerung vun de verschiddene Frequenzen, dat huet gedauert bis den Hierscht 2020, wéi déi éischt 5G da komm ass, an zwar nëmme fir d'Privatpersounen. Lëtzebuerg Frontrunner? Wéi mir ugefaangen hunn am Hierscht 2020, an nëmme fir d'Privatleit, du hate scho siwen aner Staaten an Europa de 5G applizéiert. Also, mir sinn net Virreider, Här Staatsminister, mir lafen hannendrun!

An dobäi ass jo 5G u sech iwwerhaupt keng Revolutioun, et ass just eng Evolutioun vu 4G. An et nützt jo eigentlech och net de Privatpersounen. Do, wou et asetzbar ass, an do, wou eppes ka geschéien, dat ass op wirtschaftlech Gebitt. An um wirtschaftleche Gebitt, nu haalt lech un, do hu mer nach iwwerhaupt keng Frequenzen! D'Frequenz 26 Gigahertz ass iwwerhaupt nach net ausgeschriwwen ginn. Also, mir si weeder „Front“, nach si mer „Runner“, mee mir stinn do mam Fanger am Mond!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Viviane Reding (CSV).** - 2018 hate mer déi éischt Strategie, 2019 dann e „call for projects“. Do sollen der 29 selektionéiert gi sinn. Wou si se drun? Wat hu se geleescht? Wat ass dobäi erauskomm? Elo, 2021, kënn dann en neie „call for projects“. Här Staatsminister, mir brauche kee Call! Mir brauche Projeten, a Projeten, déi realiséiert ginn!

E puer konkret Froen: De Corridor transnational Metz-Merzig-Lëtzebuerg fir autonomt Fueren, 2021, also dëst Joer, soll dee Projet auslafen. A wou ass en dann drun? Wat ass geschitt? Wat ass realiséiert ginn? Huet een eppes dovun héieren? Nee. En ass 20-mol ugekënnegt ginn, Pressekonferenzen hei an do an iwwer an iwwer an iwwer. An op eemol: Funkstille.

5G ass do asetzbar, an der Wirtschaft, am Transport, an eiser Industrie, wou mer kënnen privat delimitéiert lokal Netzwierker opbauen. Dofir brauche mer jo och déi nei Frequenzen, an der Agrikultur, zum Beispill, wou mer duerch esou e privat 5G-Netzwierk kënnen mat manner Pestiziden a manner Waasser méi biologesch Landwirtschaft maachen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Viviane Reding (CSV).** - D'5G-Smart-Farming-Plattform: Weini gi mer vum Studéieren op d'Aktioun? Ech ka jo verstoen, datt ee mer do seet: „Jo, mir sinn e bësse kleng zu Lëtzebuerg, fir dat ze maachen“. Jo, dat mag sinn. Mee da loosse mer e Virreider ginn! Loosse mer een oder zwee jonk Baueren huelen an dat mat hinne probéieren, fir datt déi aner gesinn, wéi et funktionéiert, an et dann applizéieren! Loosse mer deen een oder deen anere Supermarché huelen, fir iwwer 5G den Offall ze organiséieren, an dann deenen anere Supermarchéen oder groussen Restaurants weisen, wéi een dat mécht! Loosse mer eng Stad huelen an do den intelligenten Trafficmanagement aféieren, mat Hëllef vum Staat! Loosse mer zu Beetebuerg, beim Eurohub multimodal, d'Gerance vun de Casieren, vun den Autoen a vun de Camionen iwwer e lokale 5G maachen!



**(Interruption)**

D'Technologie existéiert. Mir brauchen net weider ze studéieren. Et gëtt héich Zäit, datt mer agéieren!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- An an der Aktioun, do happert et. An ech mengen, am plaz vill ze schwätzen, solle mer eppes maachen, konkreet. An iwwregens: Do, wou d'grouss Revolutioun kënn, 6G, dat gëtt déi ganz grouss Revolutioun, do sinn d'Recherchen amgaang. An am plaz Recherche ze maachen iwwert dat, wat scho besteet a wat schonn op anere Plazen uerdentlech gemaach ginn ass, wat mer nëmme brauchen ze iwwerhuelen, wär et gutt, wa mer eis Chercheure géifen op 6G setzen. Da kéinte mer vläicht an e puer Joer zu de Frontrunner ginn.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- A wa mer scho bei dem Konkreete sinn, da wollt ech nach op d'Zukunftstechnologien am Allgemengen agoen. Et ass gutt a richtig, Här Premierminister, datt mer bei vilen europäesche Projete matmaachen: MeluXina, Cloudcomputing, Quantumcomputing, artifiziell Intelligenz, Development. Wat och opfällt, dat ass, datt mer aussergewöhnlech vill Konferenzen zu all deenen Theemen hei zu Lëtzebuerg organiséieren. Dat ass interessant. Dat bréngt eis interessant Riedner op Lëtzebuerg. Mee bréngt et och Resultater fir eist Land, fir eis Wirtschaft, fir eis Industrie, fir déi digital Instrumenter, als Chance, fir Nohaltegkeet zu Lëtzebuerg anzeféieren? Mir brauchen en État des résultats vun deene Konferenzen, fir iwwerhaupt ze wëssen: Wat kënn dann dobäi eraus? Lount dat sech? Oder ass et just „jobs for the boys?“

An da kommen ech zum zweeten Element. Lëtzebuerg ass kleng a kann net alles maachen. Mir därefen also net mat der Strenz ronderëmfueren. Mir si bis ewell als Lëtzebuerg gutt mat enger Nischepolitik gefuer an ech mengen, dat soll och an Zukunft esou sinn.

Elo zitéieren ech awer, fir datt Der wësst, datt et net vun der CSV kënn, d'Fédération luxembourgeoise des startups: „Das Hauptproblem besteht nicht darin, Firmen anzuziehen, sondern erfolgreiche Unternehmen im Land zu halten. Das Problem, das schon seit Jahren bekannt ist: fehlende Finanzierung. Es gibt nach wie vor keinen Fonds, der in Luxemburger Startups investiert, und es gibt keine steuerlichen Anreize für Investoren. Solange wir die Frage der Finanzierung nicht geklärt haben, werden wir hier zu Lande kein wirklich dynamisches Ökosystem haben.“ Dat huet den Här Jérôme Grandidier gesot, dee Mann, deen eréischt kuerz elo vun eis gaangen ass. Dat solle mer respektéieren, well hien huet eppes dovun verstanen! An hien huet absolutt Recht mat deem, wat e gesot huet.

Haut, an Zäite vun Data Analytics, AI, IoT, Space Industry, solle mer eis dorobber konzentréieren, wat mer zu Lëtzebuerg an deene leschte Joerzénge scho fäerdegbruecht hunn a wat ee ka weiderentwéckelen: SES zum Beispill, well mir si jo e Satelliteland, den NewSpace an de Clean growth, Breetband iwwer Satelliten, en Nischeproduit, de Weltall botzen, wou an deem Nischeproduit och nach Cybersecurity dranhängt, a mer wëssen, wéi schwach mer sinn a Saache Cybersecurity a wou mer kéinten eng Avancée maachen. Mir sollen déi Saachen, déi e bëssen aschlofen, erwächen a se stimuléieren, fir sech weiderzeentwéckelen.

Meng Kolleegen hunn och laang iwwert d'Fongenindustrie zu Lëtzebuerg geriet. Mir si jo eng Backoffice-Fongenindustrie. An dofir brauche mer immens vill Leit aus dem Ausland, fir dee Backoffice do ze bedriewen.

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Et wär awer héich Zäit, datt mer géifen déi Migration si looszen an eis konzentréieren op FinTech, op Business Evolution, Effikassitéit, Rapiditéit an den administrative Ballast ewechzekréien. Et sinn nämlech aner Länner ronderëm eis, déi ufänken, dat seriö ze maachen. A wa mer net oppassen, zeien déi dat, wat mer hunn, vun eis ewech. Dat wëllt keen. Mir mussen eis weider developpéieren. An dofir brauche mer déi topp Leit, déi mer net kréien!

Also, am plaz déi fir de Backoffice anzeféieren, solle mer kucken, duerch spezifesche Moosnamen déi Leit eranzekréien, déi an der Cybersecurity eppes ze soen hunn, déi héich Technologie verstinn. Do brauch een natierlech topp Performer an dofir brauch een „tax incentives“, fir déi eranzekréien. Anescht geet et net, well soss komme se net bei eis. Mir brauche se awer. Déi dote brauche mer! Wa mer FinTech hunn, brauche mer vläicht anerer net méi. Mee déi heite musse mer erabrénge, fir FinTech kënnen ze entwéckelen.

An Investissement unzéien, dat geet jo och net einfach esou, andeem een et seet. Privat Investissemter, Seed Enterprise Investment Schemes gëtt et an anere Länner. Firwat gëtt et dat net bei eis? An ech erënneren nach eng Kéier drun, wat gesot ginn ass iwwert de Manktum vu privatem Investissement

a Startuppen: Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng falsch Politik, Startuppe wëllen opzebaue mat Subsidien. Dat geet net! Dat funktionéiert net! Et huet néierens funktionéiert, et funktionéiert och bei eis net. Startuppe brauche Privatgeld. Si brauche Business Angels. Si brauche Leit, déi u se gleewen an déi hëllefen, se opzebauen an ze finanzéieren. An dofir gëtt et héich Zäit, datt mer dat maachen!

A wa mer scho bei der Zukunft sinn, da wëll ech nach kuerz op de Marché unique des données agoen, besonnesch fir d'Entreprises. Dir wësst, an der Kommissioun ass elo en Digital Governance Act virgeluecht ginn. An ech wëll den Här Premierminister zitéieren, wat en den 21. März 2018 gesot huet. Här Premierminister, lauscht et emol, wat Dir alles gesot hutt 2018: « Non seulement les données elles-mêmes gagneront en valeur, mais la valeur ajoutée que représente votre réutilisation créative est également mise à la disposition de l'ensemble de la communauté luxembourgeoise ». Also dat, wat Der do gesot hutt, kann ee jo nëmme mat zwou Hänn ënnerschreien.

A wat ass awer d'Realitéit? Wat mécht Lëtzebuerg? Net: Wat seet Lëtzebuerg? Mir maachen déi Stratégie gouvernementale iwwert den Open Data. Mee déi europäesche Texter, déi doriwwer ginn an déi schonn dräi Joer um Dësch leien, déi si mer net kapabel hei zu Lëtzebuerg anzeféieren, soudatt d'Kommissioun elo muss eng Infraktioun géint Lëtzebuerg maachen. Also dat ass d'Realitéit um Terrain. Grouss Pressekonferenze gi gemaach. A wat geschitt dann? Glat guer näischt! Esouguer d'europäesche Direktive brénge mer net fäerdeg, an d'Lëtzeburger Gesetzer anzesetzen. Also, Dir verstitt: Dat geet guer net! Et mengt ee wierklech, et kéint net sinn. „Zwëschen ‚hätten‘ an ‚haben‘“, géif ech där heiter Regierung soen, „do leie Welten!“

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Jo.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Här President ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Jo, ech hätt de Guy Arendt an dann de Marc Hansen. Här Arendt.

■ **M. Guy Arendt (DP).**- Jo. Merci, Här President. Däerf ech der Madamm Reding eng Fro stellen? Si huet virdru geschwat vum Text vun dem Telekommunikationsgesetz. Ech huele jo un, dass Der lech do beruift op d'Communication électronique. Dir hutt gesot: „Den Text ass fäerdeg. En ass nach net an d'Plenière“. Ech wollt lech just soen: Den 1. Juli hu mer eng Lettre d'amendement un de Conseil d'État geschéckt an do hu mer nach keng Äntwert kritt.

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- Also, Här Staatsminister, Dir hutt et elo héieren: Et ass de Conseil d'État, deen net funktionéiert! Da solle mer soen, dee soll endlech seng Aarbecht maachen, well mir waarden op dat Gesetz! Et hätt scho missen d'lescht Joer applizéiert sinn.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Grav Accusatiounen.

■ **M. Guy Arendt (DP).**- Dat do ass de Clou!

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- Jo. Gutt. Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Ech fannen dat grav Accusatiounen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- De Marc Hansen nach.

■ **M. Marc Hansen (déi gréng).**- Jo. Villmools merci. Ech wollt wierklech soen, ech hunn et ganz interessant fonnt, déi Aussoen, déi d'Madamm Reding gemaach huet iwwert de 5G a besonnesch och am Kader vun der Notzung an der Industrie.

Ech wollt awer drop hiweisen, dass am Kader vun der Industrie besonnesch déi 26-Gigahertz-Frequenze benotzt ginn an dass mer momentan eigentlech nach net genau den Impakt op d'Gesondheet vun deene Frequenze kennen. Déi Frequenzen, déi beim Telefon benotzt ginn, déi leie vill méi niddreg. Déi leien am Beräich vu 4G. Do, mengen ech, sinn d'Erkenntnisser relativ grouss. Mee et ass e grouss Problem, dass mer bei der industrieller Notzung nach keng wëssenschaftlech Erkenntnisser hunn, wat eeben d'Gesondheet betrëfft.

An ech wollt d'Madamm Reding froen, ob et dann net awer méi sennvoll wär, ech emol ofzewaarden, bis mer déi Erkenntnisser hunn, ier mer elo probéieren ze forcéieren, dass d'Industrien dat géifen notzen? Well et muss een och wëssen, et ware Frequenzen, déi waren ausgeschriwwen - dat hu mer och an der Kommissioun gesot -, an et waren eigentlech keng Betriber do, déi déi Frequenze wollten notzen. Duerfir, wëllt Der an deem Kader d'Industrie forcéieren, op dee Wes ze goen? Well apparentment schéngt jo kee Besoin do ze sinn. Si hu vläicht aner Solutiounen. Ech sinn eigentlech och der Meinung, dass et méi sennvoll ass, an enger Industrie Solutiounen ze fannen, déi ouni Stralunge kënnen funktionéieren, notamment iwwer Kabel, oder méttlerweil gëtt et och Méiglechkeeten iwwert d'Luucht.

Voilà. Kënn Der vläicht just zu deenen zwou Froen Är Positioun ginn? Merci.

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- Also, zu där zweeter Fro: Ech mengen, ech si während fënnf Minutten dorobber agaangen, datt mer nach keng Frequenze vu 26 hunn an datt bei eis d'Industriepolitik 5G eeben nach iwwerhaupt net funktionéiert. Dofir hunn ech jo gesot, datt sollen déi Aktiounen gestart gi mat de Baueren, ech hunn déi genannt, mam Transport an esou weider an esou virun. Ech sinn intensiv dorobber agaangen.

Wat elo d'Gesondheitsfroen ubelaangt vun de Stralen, do wësst Der jo genau wéi ech och, datt do Maximum virgeluecht si vun der Europäescher Kommissioun, ënnert dem Schlagwuert an ënnert dem Prinzip vum Principe de précaution, an datt mir traditionell hei zu Lëtzebuerg nach méi virsiichteg si wéi d'Europäesch Kommissioun an nach dodrënner leien.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci der Madamm Reding.

Ouni elo op iergendeppes wëllen anzegoen, wëll ech just soen, dass déi Zesummenaarbecht tëschent Chamber a Conseil d'État awer exzellent funktionéiert a besonnesch an deene Krisenzäiten hei fantastesch funktionéiert huet. D'Madamm Reding huet net de Contraire gesot, mee si huet d'Fro gestallt. Ech wëll awer hei preziséieren, dass déi institutionell Zesummenaarbecht, besonnesch a Krisenzäiten, wonnerbar geklappt huet an de Conseil d'État heiansdo och d'Rad geschloen huet.

■ **M. Guy Arendt (DP).**- Merci fir dës Prezisiounen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Jo. Här Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- D'Madamm Reding huet dat mat hirem eegenen Humor och net a Fro gestallt.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Nee. Ech hunn dat jo och ...

■ **Une voix.**- Mir jo och net.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Här Roth, ech hunn dat jo och esou ausgedréckt, dass keng Equivoque no bausse sollt opkommen, wat kee vun eis wëllt. Net dass op eemol eng Institution déi aner Institution géif accuséieren, si géif hir Aarbecht net maachen. De Conseil d'État huet an deene leschten zwéi Joer seng Aarbecht exemplaresch gemaach, an engem Rhythmus, dee gradesou, jo, schwéier war fir si wéi fir eis. Merci, dass Der mer et net iwwelhuet, dass ech déi Prezisioun maachen. An dat war och net aneschters geduecht, géif ech mengen.

Voilà, dat gesot, géif ech deem nächste Riedner d'Wuert ginn, dem Här Marc Spautz.

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Här President, Kolleegen a Kolleegen, den Débat sur l'état de la nation war a menger Erënnung ëmmer am Fréijoer. An där laanger Geschicht vum Débat sur l'état de la nation ass dat am Fréijoer domat ugaangen an et huet een duerno all déi Initiativen an déi Projeten erëmfonnt am Hierscht am Budget.

Dës Kéier ass et anescht. Mir hu gëschter, nee, virgëschter, den État de la nation virgestallt kritt a gëschter Moien huet den Här Gramegna eis de Budget virgestallt an haut de Mëtten debattéiere mer iwwert den État de la nation.

Ech kritiséieren net den Débat sur l'état de la nation, ech kritiséieren net de Budget, mee ech weess awer net méi, ob déi Zesummenaarbecht, wéi den Débat sur l'état de la nation a wéi de Budget matenee funktionéieren, ob dat elo nach deem entsprécht, wat den Erfinder vun deemools, deen déi éischt Déclaration sur l'état de la nation gemaach huet, deen dem Här Bettel jo och ganz bekannt misst sinn, dee Premierminister vun deemools, domadder bezweckt hat.

Ech wollt dat just soen, dass et e bësse komplizéiert ass, nach eng Kéier, den Enjeu ze verstoen. Fir déi Leit, déi et net wëssen: Et war den Här Thorn, deen déi éischt Déclaration sur l'état de la nation deemools gemaach huet, déi duerno an de Budget agefloss ass.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, virun 18 Méint stounge vill Leit do, kollektiv owes ze klappen. Si hunn dem Santéspersonal geklappt a Merci gesot fir dat, wat dat geschafft huet. Vill Aktiounen si gemaach gi virun de Spideeler a virun den Altersheimer, fir dem Personal aus dem Gesondheitsberäich Merci ze soen, Merci ze soe fir deen Asaz, dee se bruecht hunn, fir sech géint déi Pandemie, déi deemools um Héichpunkt war, anzesetzen. Mir hunn d'Aarbechtsgesetz geännert, mir hunn hinnen d'Méiglechkeet ginn, zwielef Stonnen ze schaffen, well der net genuch do waren - net aus Fräiwëllegkeet an Nettegkeet, mee well der net genuch do waren, fir déi Aarbecht ze maachen!

Mir hunn driwwer diskutéiert, mir haten en Débat d'actualité an der Chamber iwwert d'Professions de santé, wou mer och mat hinnen doriwwer geschwat

hunn. Et war duerno nach eng Petitiounskommissioun, wou se an der Chamber d'Geleeënheet haten, hiert Uleies virzedroen.

Mee et ass awer um Terrain, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, fir déi Leit aus dem Santésberäich nach ëmmer näischt geschitt! De Gros vun hinnen ass am Dezember, am Januar an am Februar, also 2019 am Dezember oder 2020 ..., nee, 2021 am Januar an am Februar hu se hir Impfung kritt. An net méi spët wéi den 20. September 2021 huet eng vun de Responsabele vum Centre hospitalier, d'Doktor Thérèse Staub, an enger Emissioun op RTL beim Dany Rasqué gesot, dass, wann een elo iwwert déi drëtt Impfung schwätze géif, een dann awer och net déi Leit dierft aus den Ae verléieren a vergiesen, nämlech déi vun der Santé, mat deenen et ugaangen ass, déi viru bal engem Joer am Dezember, Januar oder Februar hir Impfung kruten. Well wann déi eis géifen ëmfalen a krank ginn, da wier d'Situatioun nach méi enk, wéi se bis elo schonn ass.

An dofir géif et mech interesséieren: D'Regierung huet gëschter der Santé an dem Santéspersonal extra Merci gesot fir dat, wat se gemaach hunn. Mir haten och emol eng Kéier eng Motioun, fir hinnen dat och aneschtens unzekerken. Mee dofir nach eng Kéier meng Fro: Hunn déi Leit elo eng Chance, eng drëtt Impfung ze kréien, wa se all Dag fir eis, fir eis Gesondheet, fir d'Gesondheet vun eiem Land am Asaz sinn, oder net? Dat just als allgemeng Fro iwwer alles dat, wat och, ënner anerem, gëschter gesot ginn ass.

Ech wëll och elo net op all Detail nach eng Kéier agoen, meng Kofraktiounspräsidenten, den Här Roth an d'Madamm Hansen, hunn dat op eng exzellent Aart a Weis gemaach, mee ech géif awer nach gär verschidde Saachen ënnersträichen.

An ech wëll soen, dass mer ausdrécklech begrëissen, dass eng Tripartite stattfënt. A mir soen am Fong: enfin! A mir si frou ... An elo kucken ech manner op d'Regierung, mee op meng lénks Säit: Zwou Motiounen hu mer an der Chamber deposéiert, déi hutt Der ofgebaatscht an Dir hutt gesot, et wier elo net noutwendeg, eng Tripartite ze halen. Dat war de 5.5.2021 an dat war de 16.6.2021. Ech sinn elo frou, dass d'Tripartite do ass - soss hätt Der haut erëm d'Geleeënheet gehat, eng drëtt Motioun dann ofzeleeren oder vläicht unzuhuelen -, dass Der och elo averstane sidd, dass eng Tripartite misst stattfannen, an dat am Interêt vun alleguerten deene Leit an alleguerten deene Betriber hei am Land.

An dofir sinn ech och wierklech frou, dass d'Tripartite zesummekënn. Ech si just iwwerrascht elo iwwert den Zesammenhang, well ech hunn elo nach eng Kéier gesot, am Mee an am Juni hat Der et nach als iwwerflësseg ugesinn an elo op eemol sidd Der awer och där Meenung, dat misst geschéien.

Ech wëll och soen iwwer all déi Aktiounen am Sozialdialog, iwwert dee geschwat ginn ass ... - de Premierminister huet en Dënschdeg driwwer geschwat, den Aarbechtsminister hat och e puermol an der Kommissioun an och hei, net hei, mee déi aner Säit am Plenum, wéi mer nach am Cercel waren, iwwert déi gutt Zesummenaarbecht geschwat, déi gewiescht wier tëschent de Gewerkschaften, de Patronen an der Regierung betreffend den Teletravail, betreffend déi Accorden, déi do fonnt gi sinn am Kader vum Conseil économique et social.

Ech stelle mer dann awer d'Fro, wann ech haut de Moien erëm e gemeinsame Communiqué liese vun deenen dräi Gewerkschaften, wou se dat kritiséieren, wat zwar net haut um Ordre du jour ass, mee den nächste Méindeg, wou se do nach eng Kéier soen, si wieren net consultéiert ginn an et wier net mat hinne geschwat gi betreffend d'Covidmesuren, net d'Covidmesuren u sech, mee am Fong déi Mesure vun dem 3G an de Betriber ...

**(Interruption par M. Dan Kersch)**

Jo, Här Kersch, direkt! Mee ech liese just dat, wat haut de Moien an engem gemeinsame Communiqué vun der CGFP, dem OGB-L an dem LCGB virbruecht ginn ass.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci, Här Spautz, dass Der direkt d'accord sidd. Den Här Aarbechtsminister huet d'Wuert.

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Jo, ech sinn och frou, Här Spautz, dass Der mer d'Wuert ..., dass Der dem President erlaabt, mir d'Wuert ze ginn.

**(Hilarité)**

Ech sinn och frou, dass Der dat doten hei abruecht hutt. An ech dementéiere formell, wat do an deem Communiqué steet! De Premier huet mat mir a mam Kolleeg François Bausch d'Gewerkschaften gesinn. Do ware souwuel den OGB-L wéi den LCGB wéi och d'CGFP dobäi. An do war eent vun den Haaptheemen d'Aféierung vun engem CovidCheck op den Aarbechtsplazen. An do hu mer dat och genaousou diskutéiert, esou wéi et och elo schlussendlech an deem Gesetzesprojet drasteet, wéi mer et dann e Méindeg hei op der Dagesuerdnung hunn.





Duerfir sinn ech fou, dass Der mer d'Geleeeënheet ginn hut, dat richtegzestellen.

■ **M. François Bausch** (*Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*).- Ech kann dat bezeien!

■ **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Merci. Also, ech ka just dat soen - ech war net beim Gespréich dobäi -, ...

(*Interruption*)

... wat ech an der Zeitung gelies hunn. Dann ass et dräi géint dräi.

(*Hilarité et interruptions*)

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Wann Der en Arbitter braucht, Här Spautz, Dir wësst, ech sinn ëmmer bereet.

■ **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, gläichzäitig schwätze mer dovun, an et ass och nach ënnerstrach gi vu gläich e puer Riedner: Wa mer de Chômage partiel net gehat hätten, wou och d'sozial Partnerschaft ëmmer mat-consultéiert gëtt iwwert de Comité de conjuncture, dee vum Wirtschaftsminister presidéiert gëtt a vum Aarbechtsminister kopsidéiert gëtt, an dat wëlle mer och ënnersträchen, well wa mer dee Modell Chômage partiel net gehat hätten, hätten Lëtzebuerg an där Kris net esou dogestanen, wéi Lëtzebuerg elo dosteet!

An ech hofe just - et ass gesot ginn, dass méi aus-bezueelt ginn ass wéi dat, wat zegutt war -, dass mer et do och fäerdegbréngen, nach en Deel erëmze-kréien. Mee ech wëll awer och soen, et soll een elo net déi, déi et seriö gemaach hunn, strofe fir déi puer, déi e bëssen iwwerdreiwen - net nëmmen e bëssen iwwerdreiwen, mee déi d'Leit, d'Land beklauen.

Mee et muss een awer ganz kloer an däitlech soen, dass et eng gutt Initiativ war an dass et och wichtig ass, dass mer esou e Modell hunn, well ech soss net weess, ob mer déi Chômagezeule géife schreiwen, déi mer de Moment kennen, mee dass et gutt ass, dass mer an deem Volet och de Chômage partiel esou haten, d'autant plus well mer e Fachkräftemangel hunn, e Fachkräftemangel a ville Secteuren: Mir hu Fachkräftemangel an der Restauration, mir hu Fachkräftemangel am Handwerk.

Do felt eis engersäits de Moment d'Matière première. Dat fänkt lues awer sécher un, op verschiddene Plaze besser ze goen, mee d'Präisser ginn terribel an d'Luucht. Ech mengen, do kann den Här Bausch e Liddchen dovun sängen a senge Projeten an och d'Buergermeeschteren an d'Gemengevertreder heibannen, déi wëssen dat och, wat fir Soumissionne virgesi sinn a wéi se un de Plaffong ginn, wat kënn.

An heiansdo hut Der souguer Pech, dass emol kee méi eng Soumissionne sihe kënn, wat och dann en Zeechen ass, dass et dem Secteur u sech net schlecht geet. Wann Der da mam Secteur schwätzt, da soe si: „Jo, mir géife jo gär méi maachen, mee eis felt et net nëmmen un der Matière première an u Material, mee eis felt et och u Leit, déi mer net fannen, fir an eise Betriber ze schaffen.“

An ech mengen, dass et do och wichtig ass, net wéi och elo an der Santé, wou de Minister gesot huet: „Elo maache mer einfach eng nei Formation“ ..., mee et misst ee sech do mat de Leit zesummesetzen. Et ass och menger Meinung no keng Léisung, einfach ze soen: „Mir maachen d'Schoufflicht op 18 Joer“, an domadder ass de Problem geléist, mee dass ee kuckt: Wou ass den Usaz? A wat kënnen mer maachen, fir och déi Beruffer méi attraktiv ze maachen?

Méi attraktiv ze maachen, dat ass emol eemol an der Pai. Dat ass ëmmer eng Diskussioun. Et ass eng Diskussioun, déi mer scho säit éiweg, bon, net säit éiweg, mee déi lescht 40 Joer ëmmer erëm gefouert hunn, wou dann ëmmer de Staat an d'Gemenge vun de Patronen de béise Fanger gemaach kritt hunn: „Mir bilden aus an Dir huet eis dann déi Bëscht ewech!“

Mee do musse mer dann och d'Fro stellen: Wat kënnen mer maache fir d'Attraktivitéit vum Handwerk? Wann Der an en anert Land gitt, wat hei niewendru läit, wat déi schappeng Zuel vun 90 Milliounen Awunner huet, wann Der do en Handwierker sidd, da sidd Der quelqu'un. Wann Der hei zu Lëtzebuerg en Handwierker sidd, da gitt Der an d'lescht Rei gesat an dann heescht et: „Dat ass esou.“ Well mir net méi dee Staat sinn, wou d'Aarbecht mat den zwou Hänn, fir et elo emol esou auszedrecken, dee Stellewäert huet, dee se misst hunn!

An ech mengen, dass mer do och als Politik gefuerdert sinn, fir do och eng Offensiv ze maachen, zesumme mat der Regierung, zesumme mat de Beruffschamberen, déi zoustänneg si fir d'Beruffsausbildung, fir och do ze weisen, wéi wichtig et ass, dass mer Handwierker hunn, dass et wichtig ass, Handwierker ze fannen. Well och dat ass ee Volet, dee mer brauchen, fir dass Lëtzebuerg prett bleift a prett ass, fir all déi Aarbechten ze maachen.

Mir kënnen esou eng schéin Déngschtleeschungsgesellschaft sinn, wéi mer wëllen - dat huet och e ganz groussen Undeel un eisem PIB an um Erfolleg

vun deene leschte 50 Joer -, mee mir brauchen och nach ëmmer Leit, déi mat zwou Hänn eppes kënnen maachen. Well wa keen do ass, deen de Stecker astécht, wa keen do ass, deen de Stroom bréngt, wa keen do ass, deen nom Motor kuckt, dann dréit en net an da geet en net. An dofir ass et och wichtig, dass mer do Initiativen huelen, fir dat och méi grouss no vir ze bréngen.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Roy Reding** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, 634.000 Leit - den Här Staatsminister huet gëschter gesot, e krit elo nei Chiffere vum Stater -, mee 634.000 Leit aus 170 Nationalitéiten hu sech all Dag hei zu Lëtzebuerg afonnt, fir hei ze wunnen an ze liewen. Do sinn der nach eng Kéier 200.000 derbäikomm, dat waren eis Grenz-gänger, déi all Dag iwwert d'Grenz komm sinn, fir hei matzeschaffen, fir hei matzehëlfen, dass eis Economie dréit.

An dat huet och an anere Länner zu Schwieregkeete gefouert! Well Dir wësst et alleguer an ech soen lech näischt Neies: Eis franséisch, eis belsch an eis däitsch Kollege sinn net frou, dass mer hinne verschidde Leit, verschidde Qualifikatiounen ofwerben. An déi meescht Kritik kréien ech op alle Fall, wann ech emol heiansdo déi Kollege begéinen, an ech huelen un, Dir och, virun allem och aus dem Santésberäich, well am Santésberäich, wa se op Lëtzebuerg kommen, ass et bal du simple au double, wat an der Pai ass.

Mee wann Der da mat deene Leit schwätzt iwwert dat, wat lass ass, da soe se: „An Däitschland, a Frankräich, an der Belsch hu mer awer méi Zäit a méi Chance, bei de Patient ze goen, wéi hei zu Lëtzebuerg.“ An och do, mengen ech, ass et wichtig, dass mer driwwer diskutéieren, ob dat nach gutt ass, dass mer déi Leit, déi solle beim Bett stoen, an Tëschenzäit gläich méi laang beim Computer stoen hu wéi beim Bett.

A wann Der mat hinne schwätzt - et ware jo vill Kollege vun lech heibannen, wéi mer déi Petitiounskommission hate respektiv wéi mer déi Unhéierung hatten am Kader vum Gesondheitsdësch -, dann hu si dat och selwer ënnerstrach, dass mer do op nei Weeër musse kommen. An dofir solle mer och déi Diskussioun féieren an net blann einfach soen: „Mir maachen en neien Diplom“, an domadder ass alles geléist, mee och mat deene Leit vum Terrain schwätzen, fir hinnen och do d'Geleeeënheet ze ginn.

Et ass jo awer scho komesch, wann Der zu Berlin héiert, do huet d'Infirmière esou laang Zäit an der Charité, fir sech ëm de Patient ze bekëmmen, an zu Lëtzebuerg brauch se déi Zäit bal, fir am Computer alles anzeginn, wat do gefrot gëtt. Och dat kann een, änlech wéi an anere Wirtschaftsberäicher, vläicht un aner Kräften ofdrécken. Wann Der an Däitschland kuckt, do gëtt et eng Statiounssekretärin, déi déi Aarbechten iwwerhëlt, déi hei och oft vun Infirmiëren an Infirmiere gemaach ginn. Dann hätten déi och méi laang Zäit, do beim Bett ze sinn.

An dat wier zwar sécherlech nëmmen eng Drëps op de waarme Steen, mee et géif eis och schonn hëlfen, an och wieren déi Leit aus dem Santésberäich ganz frou a géife sech och méi wäertgeschätzt fillen, wa se emol dat erëm kéinte maachen, woufir se hir Formation gemaach hunn, firwat se hir Iwwerzeegungen hunn: fir sech kënnen an den Déngscht vun deenen anere Leit ze stellen.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, et ass och geschwat ginn am Kader vun der Tripartite an och am Premier senger Ried iwwert d'Recht op Deelzäitarbecht, iwwert de Work-Life-Balance-Pak, wat och alles gutt ass, wat och alles richtig ass, mee wou et wichtig ass, dass mer do gläichzäitig iwwer Aarbechtsszäitorganisatioun schwätzen, Aarbechtsszäitorganisatioun wéchentlech, monatlech, järelech.

An ech bleiwen dobäi, dass mir sollen e Kader setzen, mee dass et nach ëmmer de Sozialpartner muss iwwerlooss sinn, fir do genau d'Detailer auszehandelen, wéi si dat gesinn, well do ass all Wirtschaftsberäich anescht, do huet all Wirtschaftsberäich aner Besoinen. Mee et ass un der Chamber, un der Politik, de Kader ze setzen, an duerno ass et un de Sozialpartner, dat ëmzesetzen. Ech géif et net gutt fannen, wa mir vun uewen erof géifen decidéieren, wéi an deenen eenzelne Betriber, an deenen eenzelne Verwaltungen misst geschafft ginn an op wat fir eng Aart a Weis dat géif goen.

Recht op Deelzäit ass eng ganz wichtig Saach! Mee awer och de Retour muss garantéiert si bei der Deelzäit. Wann déi Leit op eemol erëm wëllen hunn, méi schaffen ze goen, dann heescht et oft, net iwwerall: „Mir hunn de Moment keng Plaz fräi. Mir hunn de Moment déi Stonnen net do, déi mer brauchen, fir dass du erëm kanns e volle Kader oder en Dräivéierelskader kréien.“

Ech mengen, dass et och do wichtig ass, dass mer net nëmme schwätze vun engem Recht op Deelzäit,

mee och vun engem Recht op de Retour, fir och duerno erëm méi kënnen ze schaffen. Opgrond vun der familiärer Situatioun, opgrond dovun, dass et eeben net geklappt huet bei engem vun zwee Mariagen, déi gescheet ginn, ass dat heiansdo e Problem. An dofir mengen ech, dass mer gläichzäitig net nëmmen d'äerfe schwätzen iwwert d'Recht op Deelzäit, mee och gläichzäitig iwwert d'Recht op de Retour.

Mat der Belounung fir Elteren, déi zu zwee Congé parental huelen: De Premier huet et gesot, ech hunn awer keng Detailer esou richtig matkritt, wat déi Belounung soll sinn. Kréie se Congé bái? Kréie se soss iergendepes bái? Do wäerte mer da waarden, bis de Projet de loi um Dësch ass, fir dann och do Detailer kënnen ze kréien. A wann ech mech net verkuckt hunn, hunn ech och näischt am Budget fonnt. Mee ech muss lech soen, vu gëschter op haut hunn ech net alles am Detail kënnen kucken, mee ech hunn op alle Fall och dozou näischt am Budget fonnt.

Beim Teletravail, ech hat et scho gesot, do ass jo en Accord fonnt ginn am Kader och vum Conseil économique et social an där Zesummesetzung, wou d'Sozialpartner sech eens gi sinn. An ech mengen, dass et och do wichtig ass, dass an der Fonction publique Arrangementer fonnt ginn. Do ware schonn attraktiv Teletravailsmodeller do, mee do gëtt et awer Diskussionsbedarf a verschiddene Verwaltungen a Ministère, dass et och do méiglech wäert sinn, fir doriwwer ze diskutéieren.

En anere Punkt, dat ass dee vun der Dezentraliséierung vun eisen Aarbechtsplazen. Och dat ass vum Premier ënnerstrach ginn. Ech wëll drun erënneren, mäi Kolleg, de Léon Gloden, hat scho virun annerhallwem Joer eng Kéier gesot, dass et wichtig ass, dass mer där Pôle-d'attractione géife maachen. Ech soen elo Gréiwemaacher, ech kann och nach soen, an anere Grenzuertschaften, dass et do méiglech ass.

Och wann d'Regierung viles beweegt kritt huet mat hiren Nopeschlänner, fir den Teletravail méi attraktiv ze maachen, esou wäert et awer nach ëmmer schwierig gi fir déi 200.000 Grenzgänger, mee net nëmme fir si, och fir déi Lëtzeburger, déi an de Grenzregiounen wunnen, fir allkéiers an d'Stad ze kommen, dass dat och soll ënnerstëtzt ginn. Ech mengen, mir si ganz kloer als CSV, mir soen: Dat soll esou sinn, dat ass och gutt esou, dass dat soll kommen. Mir si just gespaant, wéi laang et elo nach dauert, bis mer do den Ufank fannen.

Ech weess op staatlecher Säit eng Verwaltung, déi der Familjeminiestesch méi no steet, déi ass jo schonn amgaangen, esou dezentraliséiert ze schaffen, mee dass et och wichtig ass, dat ze maachen. Dat hëlleft och am Verkéier moies fir an d'Stad respektiv och owes fir heem.

Déi selwecht Diskussioun, déi muss een awer och do féiere mat de Betriber vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce, well si och de Besoin hunn - net nëmmen d'Fonction publique -, fir do eppes kënnen ze erreechen.

An e leschte Punkt am Kader, wat den Aarbechtsmaart ubelaangt, dat ass d'Weiterbildung. Ech mengen, dass an d'Weiterbildung nach ëmmer méi muss investéiert ginn, well all Su, dee mer ausginn an d'Weiterbildung, domadder kënnen mer, wann alles gutt geet, Chômage verhënneren. A mir hunn déi Leit prett, fir um Aarbechtsmaart an deene Betriber anzesetzen, déi mer och derfir brauchen.

Eppes, wat ech vermësst hunn, Här Staatsminister, an Är Ried an deem dote Volet, am Kader vun der Sécurité sociale, dat ass den Tiers payant généralisé. Wéini gi mer dann elo konkret? Wéini kënn et? Dat ass eppes, wat scho virun annerhallwem Joer versprach gi war, dass et géif kommen, dass en Accord do wier. Elo ass 2021 och gläich eriwuer an ech fäerten, och 2022 mussen d'Leit nach ëmmer d'Sue virstrecken. Do wollt ech just wëssen, wat do d'Weeër an d'Iwwerleeunge vun der Regierung sinn.

An dat selwecht, et ass heibanne vill geschwat ginn iwwert d'mental Gesondheet, ech ginn dofir elo net méi an den Detail, meng Kollegen hunn dat scho gemaach respektiv ee wäert et nach maachen, wéi ass et do mat der Nomenclature? Wéi ass et do mat de Remboursement? Wat nach ëmmer eppes ass, wat aussteet, an dat ass och elo net geléist, dass mer soen: „Elo ass den Index erfall.“ Mee déi Leit brauchen déi Suen! An déi Leit, déi do Traitement hunn, mussen d'Méiglechkeet kréien, déi och rembourséiert ze kréien, soudass et do och ganz wichtig ass, dass mer do eppes ënnerhuelen.

Ech wëll och dorun erënneren, mir hatten och als CSV, net eréischt elo, wéi de Rapport vun der Unicef komm ass an déi aner Rapporte virlouchen, mir hate schonn am Mee eng Diskussioun gefouert iwwert d'mental Gesondheet. An ech wëll och do hofen, dass mer do eng Kéier d'Méiglechkeet kréien, och hei an dësem héijen Haus mat doriwwer ze schwätzen.

Esouwäit zu deem Volet Sécurité sociale an och Travail. Da wollt ech awer och nach eppes soen zum Volet vun der Famill a vun der Integratioun.

Ech hunn et scho gesot: Mir hunn 200.000 Frontalieren. Mir hunn och ganz vill Leit aus Drëtlänner, déi op Lëtzebuerg kommen. Et sinn och do ganz gutt Initiativen ënnerwee, de Plan communal intégration, fir nëmmen deen ze nennen, wou jo och de Syvicol ganz staark mat agebonnen ass.

Mee et ass awer och wichtig, dass mer déi Leit siche ginn, och déi Leit, déi vu vill méi wäit hierkommen, eis Flüchtlingen, wou ech dovun ausginn, wou mäi Kolleg, de Paul Galles, nach eng Kéier wäert herno dozou schwätzen, dass mer och do kucken, wéi mer déi Leit kënnen op den Aarbechtsmaart integréieren. Do ass d'Sprooch e Problem, well et ass net méi, wéi mer et kannt hunn. Wéi mir kleng waren, war d'Sprooch vun der Integratioun franséisch. Haut ass d'Sprooch vun der Integratioun normalerweis d'Englescht an net méi onbedéngt franséisch.

Dass mer et do fäerdegbréngen, och déi Leit mat eranzehuelen an och deene Leit Perspektiven ze ginn. Well wa mer se alleguerte sätze loosson an hire Foyeren a mir huele se net mat der Hand a mir kréie se net iergendwéi mat eppes beschäftigt, da gi se alleguerte mierf an da kréie se alleguerten d'Flemm. An da kommen och Saache vir, déi net solle virkommen. Mee wa mer d'Méiglechkeet schafen, dass mer déi Leit och kënnen abannen, da geet dat.

Et ass fir mech onverständlech, wann ech gesinn, dass eng Firma fir si akafe geet respektiv eng Camionnette virun d'Dier kënn, wou se kënnen akafen; et ass fir mech onverständlech, dass en aneren hinnen d'Dreckskecht eraussetze kënn, dass en aneren hinne botze kënn! Ech muss soen, och bei lech, huelen ech un: Doheem gitt Der selwer akafen, Dir musst och selwer derfir suergen, dass gebotzt gëtt, an Dir musst och selwer derfir suergen, dass den Entretien gemaach gëtt.

An ech mengen, mir ginn och do heiansdo e falscht Bild of! Wann d'Leit alleguerte mengen, dat wier all inclusive hei zu Lëtzebuerg, da stelle si sech och vir, dat wier iwwerall all inclusive! An dofir ass et och wichtig, dass mer mat hinnen diskutéieren, dass mer hinnen eng Chance ginn um Aarbechtsmaart an dass mer hinnen och d'Méiglechkeet ginn, sech esou op déi Aart a Weis ze integréieren.

Ech kann lech soen, an enger Uertschaft, déi dem Här Mischo ganz gutt bekannt ass, wann Der do an d'Neiduerf gitt, d'Epicerie ass op 50 m vum Foyer ewech, do verstinn d'Leit am ganzen Neiduerf net, firwat do d'Camionnette virun de Foyer kënn, fir d'Liewensmittel ze verkafen, an et ass net méiglech, dass se 50 m méi wäit selwer kënnen akafe goen an déi Epicerie, déi do ass. Ech weess, dass et do och heiansdo technesch Problemer gëtt. Mee ech mengen, dass et wichtig ass, dat zesummen - d'Gemengen, de Staat, d'Regierung an déi Organisations - ze iwwerwannen. Well et ass nëmmen esou, wéi mer et fäerdegbréngen, eng richtig Integratioun ze maachen. An dann hätte mer och aner Problemer net, déi sech soss vill stellen.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Ech wëll drun erënneren, et ass ënnerstrach ginn hei, iwwer Prestations en nature, et ass gesot ginn: „Elo kënn eng flächendeckend gratis Hausaufgabenhëlf.“ Felicitatioun un d'Regierung, dass Der endlech eis Motioun vum Mee 2019 ëmsetzt, ...

■ **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Très bien!

■ **M. Marc Spautz** (*CSV*).- ... well 2019 hate mer hei an der Chamber déi Motioun eraginn. An elo kënn et! Mee et ass méi séier gaangen, Här Engel, bei der Tripartite wéi hei. Mee ...

An dann ass et drëm gaangen och bei de Musekcoursen. Ech wëll och just soen, dass dat bei de Musekcoursen an all deem mat Kanner a Famillje gutt ass, mee mir verstinn net, dass dat zwee Joer gedauert huet, fir dat dohinnerze kréien!

Et ass déi selwecht Diskussioun, dass elo jiddweree ka mam Chèque-service an d'Crèche goen. Ech wollt just wësse vun de Buergermeeschteren heibannen, wéi se dat elo maache muer de Moien, wann elo alleguerten déi Maison-relais déi Kanner müssen an Empfang huelen, well elo kënn jo jiddwereen! Elo ass et jo net méi no engem Schlëssel, dat ass jo elo eriwuer.

Dofir wier et och do wichtig ze wësse vum zoustänneg Minister - ech verstinn, dass de Premier do keng Detailer ka soen -, a wat fir engen Etappen dat geet, a wat fir enge Steppen dat geet, wéi mer dat fäerdegbréngen, dass déi Kichen, déi Kichelwieranten et och fäerdegbréngen, elo praktesch eng Verduebelung vun de Molzechten ze maachen.

Net iwwerall, mee a verschiddene Regiounen ass dat ganz staark. Eng Gemeng, déi mir méi no läit, do ass et eng Verduebelung vun den lessen, déi elo misst gemaach ginn. Wéi maache mer dat? Op wat fir eng Aart a Weis maache mer dat? Ass dat de Staat? Ass dat d'Gemeng? Wann et d'Gemeng ass, bezilt de Staat oder ass et d'Gemeng, déi muss bezuelen, an et gëtt en aneren Ausgläich gemaach am Kader vun enger kommunaler Finanzreform? Ech





weess et net. Ech mengen, dass et do wichteg ass, dass mer dat och do solle wëssen!

Awer dat, wat mer net gefällt, dat soen ech awer direkt hannendrun: Ech hätt léiwer gehat, dat wier sozial gestaffelt, well ech awer nach ëmmer net agesinn, dass engem seng Kanner, dee fënnemol de Mindestloun verdéngt, musse gratis an enger Schoul mat z'iesse kréien. Hie ka sech et och leeschten, fir dat selwer ze bezuelen. Dass een do hätt misse sozial Kritikäre ...

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Véiermol de Mindestloun!

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Véiermol de Mindestloun?

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Véiermol ...

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Véiermol.

(*Interruption par M. Xavier Bettel*)

Fënnemol ass schonn ... Okay. Véiermol de Mindestloun.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Gitt eis méi wéi Recht. Ech fannen dat och gutt!

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Och bei véiermol de Mindestloun, Här Staatsminister, ech mengen, déi hätten et och fäerdegruecht, hire Kanner all Dag z'iesse ze ginn.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Mir sollen och Saache fir d'Mëttelschichte maachen, Här Spautz.

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Dat ass ...

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Et soll een d'Mëttelschichten och net vergessen an dëse Méint!

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Jo. Dat ass deen ee Volet.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Da wëll ech soen, op de Punkt vun dem REVIS wäert de Paul nach agoen. D'Allocation de vie chère, do geet de Paul och nach méi drop an. Mee ech wëll lech just soen, fir 200 Euro méi ze kréien, wann Der eng Avance geschéckt kritt vun engem grouse Gasliwwerant, dee seet, dass Är Avance elo net méi 150 Euro ass, mee 300, wann ech dat da richtig rechnen, da bleiwen nach 50 Euro iwwreg. Mee dat eent ass de Mount an dat anert ass d'Joer. Dofir misst ee vläicht eng kéier eng Diskussioun féieren, dass dat awer net duegeet. Op alle Fall, e grouse Gasfournisseur, mat engem kompakten Netz an engem ganz grouse Ballungsgebiitt, huet senge Clienten ...

■ **Une voix**.- Aus dem Süde vum Land.

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- ... aus dem Süde vum Land, jo, elo matgedeelt, dass d'Avance verduebelt gëtt, zwëschent 43 % a 57 %. 43 % ass net verduebelt, richtig.

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Wien huet ..., wéi geréiert deen dat dann?

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Gelift?

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Wie geréiert dann dee Syndikat?

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Ma anscheinend ass dat de Staat, zesumme mat de Gemengen. Mee et muss een awer doriwwer diskutéieren. Dann hätt de Staat jo och d'Méiglechkeet, vläicht méi ze maache wéi déi 200, well et ass jo net nëmme fir déi Leit, déi d'Allocation de vie chère kréien, mee et ass och fir déi aner Leit, wou dat relativ schwierig gëtt.

Op d'Allocation d'inclusion d'emploi kënn mä Kolleeg, de Paul, nach zrëck.

Da wëll ech eppes soen zu de Better. Et ass hei ëmmer gesot ginn, et wier net genuch investéiert ginn an d'Alters- an an d'Fleegeheimer. An der Zäit vun 2013 bis 2017 si 480 Better gemaach ginn. Ech wëll just soen, do ware 600 Better. Et waren der 480 2013-2014, well do sinn dräi Altersheimer opgaangen. Duerno sinn nach 116 Better bäikomm, ech wëll just soen, zu Déifferdeng, Käerjeng a Rëmeleng.

Rëmeleng, do soen ech léiwer näischt dozou, well dat ass schonn 2004 ugaangen, an ech mengen, dat ass jo elo endlech um Wee, well do war ëmmer e Sträit tëschent dem Architekt an dem Bureau d'ingénieurs an dem Familjeministère. An och do eppes, wat ëmmer erëm ënnerstrach ginn ass, och vun der Kultur, well do och Diskussiounen ware mat Sites et monuments. Déifferdeng ass virun der Fäerdegstellung. Zu Käerjeng ass 2013 en Accord fonnt ginn tëschent der Gemeng Käerjeng an dem Familjeministère.

Mee ech wëll lech awer drun erënneren, an Dir kënn dat noliesen: Dir hutt an Ärer Regierungserklärung vun 2013 gesot, et wier fir lech d'Prioritéit, fir d'Leit doheem ze loosse. Dat kënn Der noliesen. Ech hat mech gëschter Owend nach dohin-

nergesat. An dofir sinn ech frou, dass Der elo sot, dass zousätzlech nei Better géife geschafe ginn, well et ass wichteg, dass mer Better hunn. Mee da muss een awer och net nëmme hei soen: „Viridrun ass näischt geschitt“, mee et muss een och soen, wat viridru geschitt ass. An et ass just dat, wat ech wollt do nach eng kéier an de Mëttelpunkt stellen.

Ech wollt eppes soen zum Kannergeld: Mir si frou, dass eppes am Kannergeld geschitt. Ech wëll just soen, dass d'CSV beim Kannergeld eng Proposition de loi gemaach huet, e puer Proposition-de-loien, 2019 an nach eng kéier eng frësch Proposition de loi, wou ech elo net nach eng kéier wëll poleemesch op de Wee dozou agoen, well déi Geleeënheet kréien ech beim Projet, wou mer gesot hunn: „Mir hätte gär, dass eppes geschitt beim Kannergeld!“, dass mer gären eng Reindexéierung hätten op den 1.1.2019. Do hu mer Motiounen heibanne gehat, do war et meeschtens 31:29.

Bei der Proposition de loi, géif ech bal duerch d'Kugel soen, wäert et och erëm 31:29 ginn. Mee mir sinn awer frou, dass Der och elo déi Tranche vum 1. Oktober mat berücksichtegt. Mee ech wëll lech soen: Do feelen awer nach zwou Tranchen am Kader vun dëser Legislaturperiod! An et wär awer och wichteg, dass déi Leit déi zwou Tranchë vum Index géife bäikréien.

Da wëll ech och soen ...

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Här Spautz, wie war dat, deen dat ofgeschaaft huet, déi Indexéierung?

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Gelift?

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Wie war dat, deen dat ofgeschaaft huet?

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- 2006 ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Kënn Der wgl. d'Wuert froen?

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Här Kersch, 2006 - ech kann lech dat direkt soen - ass dat ofgeschaaft ginn an enger CSV/LSAP-Koalitioun. Do ass e Spuerpak gemaach ginn. Do ware mer an enger anerer Situatioun. Ech mengen, dass Är Partei - Dir net perséinlech, mee Är Partei - do mat an der Regierung war an dass dat deemools decidéiert ginn ass als eng vun de Mesuren, well mer an enger finanzieller Schwieregkeet waren. Do huet et awer net geheescht: „Mir schafen et definitiv of!“ Just, fir och dorun eng kéier ze erënneren. Mee ech kommen awer gären ...

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- An elo si mer och an esou enger Situatioun, an enger Kris, a mir féieren et erëm an.

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Mir kucken, 2006 ...

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Genau dat wollt ech héieren!

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Wann den Debat an der Chamber ass, kommen ech nach eng kéier mat de Chifferen a mat den Detailer dorop zrëck.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Här Spautz, erlaabt Der, dass den ...

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Erlaabt mer just ganz kuerz, Här Spautz, lech ze soen, dass mer am Koalitionsaccord virgesinn haben, um Enn vun der Legislaturperiod d'Kannergeld ze indexéieren. Mir maachen et elo quasi an der Mëtt. An ech mengen, dat ass e gudd Gest fir alleguerten déi Leit, déi et brauchen.

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Also, an der Mëtt, doriwwer léisst sech diskutéieren, wat d'Mëtt ass, Här Baum, mee dat maache mer eng aner kéier. Mee ech wëll och just soen: Dat, wat mer awer nach ëmmer vermëssen, ass dat fir d'Familles nombreuses ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Här Spautz, et ass ewéi mat den honnert Prozent!

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Jo. Et ass wéi mat de Familles nombreuses, och dat hu mer gefuerdert gehat, och dat steet an eiser Proposition de loi. An dovun si mer elo nach wäit ewech.

Ech géif elo nach gäre weiderfuere, mee da kréien ech vun dräi Kolleegen de Kapp erofgeschloen, well da geet et mat der Riedezäit net duer.

(*Hilarité*)

Ech wëll just soen, dass mer an der Familjepolitik bei all deene Projeten awer nach eng kéier wäerten dorop zrëckkommen an dass mer dann och ... Ech si gäre bereet, de ganzen Historique ze maachen an de ganzen Historique op den Dësch ze leeën. Ech kann net akzeptéieren, wann een ëmmer seet: „Deen ee war et“, well e war ni eleng an der Regierung - wat ech heiansdo gutt fannen, heiansdo och vläicht bedauern. Mee hei zu Lëtzebuerg war nach ni eng Partei ganz eleng an der Regierung. An et kann een net ëmmer nëmme soen: „Et waren déi, et

waren déi an et waren déi“, a vun deenen anere wëllt een näischt wëssen.

Villmoos merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och dem Här Spautz.

Ech mengen, et ass nach net esou dramatesch mat der Zäit a mat deene Kompensatiounen, déi versprach gi sinn. Well do Minutte geholl gi sinn, misst dat esou just opgoen, wa jiddweree sech u seng Riedezäit hält.

An deen nächste Riedner ass prett, dat ass de Félix Eischen.

■ **M. Félix Eischen** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi däitsch Nach-Kanzlerin Angela Merkel huet den 18. Juni an hirer Ried bei der nationaler Luftfahrtkonferenz de Jules Verne zitéiert.

■ **Une voix**.- Ganz gutt!

■ **M. Félix Eischen** (CSV).- De Jules Verne, de Schrëftsteller, deen eis haaptsächlech duerch säi Wierk vun den „80 Deeg ronderëm d'Welt“ bekannt ass, sot viru bal 150 Joer, ech zitéieren: „D'Waasser ass d'Kuel vun der Zukunft. Waasserstoff a Sauerstoff wäerten d'Energieversuergung vun der Äerd sécherstellen.“ De Jules Verne war e Visionär! A seng Visioun ass amgaangen, 150 Joer méi spët, Realitéit ze ginn. A mir sollten déi onwarscheinlech Méiglechkeeten, déi de Waasserstoff eis bitt, am Bléck hunn.

Mir hunn ons all zesummen d'Klimaneutralitéit als Zil gesat. Fir dëst Zil ze erreechen, brauche mer och de Waasserstoff. Sou géilt en als Energieträger vun der Zukunft a kann e wichtige Pilier bei der Transformatioun zu enger méi nohalteger Gesellschaft duerstellen. Dofir ass et schued, dass am Premier senger Ried d'Wuert „Waasserstoff“ am Ganzen nëmme zweemol virkënn. Dat ass ze bedauern, well mir schwätzen hei vun engem extreem nohaltegen Energieträger. Dofir erlaabt mir, an deenen nächste Minutten eng kleng Lanz ze brieche.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Félix Eischen** (CSV).- D'Nohaltegkeet vum Waasserstoff hänkt virun allem vun dräi Facteuren of: senger Produktioun, sengem Stockage a senger Uwendung. De Waasserstoff ass näischt Neies, e gëtt schonn zanter Joerzénge produzéiert. Mee leider gëtt e quasi exklusiv mat fossillen Energieträger produzéiert - sougenannte „groe Waasserstoff“. An de groe Waasserstoff ass net wierklech eng Alternativ zu de fossillen Energiequellen, mee éischer eng „Mogelpackung“, wéi de Mouvéco festgehalen huet. Déi eenzeg nohalteg Form vum Waasserstoff ass grénge Waasserstoff, deen ënner anerem op Basis vun erneierbarem Stroum hiergestallt gëtt.

Mir fannen et als CSV wichteg a richtig, dass Lëtzebuerg sech endlech eng Waasserstoffstrategie gëtt, déi virun allem prioritär op grénge Waasserstoff, also aus erneierbaren Energiequellen, setzt.

Deen zweete Punkt, dee beim Waasserstoff entscheedend ass, ass seng Uwendung. Den Asaz vum Waasserstoff ass nëmme a bestëmmte Beräicher sënnavoll, dat heescht virun allem do, wou keng direkt Notzung vum Stroum méiglech ass. Do, wou eng direkt Stroumnotzung méiglech ass, wéi zum Beispill am Individualverkéier, ass et awer bis elo méi effizient, dëse Stroum och direkt ze notzen, zum Beispill a Form vu klengen a manner schwéieren E-Autoen.

Bei méi schwéiere Gefierer, vu SUV, Camionnetten, Camione bis bei d'Busser, mécht och eng Brennstoffzell Sënn, well mer jo déi vill Tonne Batterien, déi hei néideg wieren, net spadséiere fuere wëllen. Hei gëtt et och scho Konzepter mat manner schwéiere Batterien, permanent geluede vun enger Brennstoffzell, also sougenannten Hybride mat engem Elektromotor. Esou wéi och momentan beim E-Auto, wou jo och gemëschte Stroum geluede gëtt, mécht et och eventuell Sënn, gemëschte Waasserstoff ze tanken, esou wéi an Däitschland bei H2 Mobility, wou de Waasserstoff aus gréngem H2, aus Nieweprodukten vun der cheemescher Industrie an aus groem Waasserstoff besteet.

Spéider eréischt, mee an hoffentlech net allze wäiter Zukunft, wann een da bis genuch erneierbar Energien zur Verfügung huet, fir och en E-Auto zu 100 % mat gréngem Stroum ze lueden a fir wierklech grénge Waasserstoff ze produzéieren, da kann een och iwwer eng Notzung vun 100 %eg gréngem Waasserstoff an der Mobilitéit schwätzen.

De François Bausch huet an engem „Tageblatt“-Artikel vum 3. März 2020 dem Waasserstoff an der Mobilitéit ganz grouss Chancen ageraumt. Den Här Turmes ass do e bësse méi nuancéiert. Den Här Bausch sot deemools: „Wasserstoffautos werden in Zukunft eine große Rolle spielen. Meiner Meinung nach wird sich in den nächsten 20 bis 30 Jahren ein Mix aus Elektroautos, Brennstoffzellenfahrzeugen und Hybriden entwickeln - also Fahrzeuge, bei denen die Brennstoffzelle Strom für die

Batterie des Elektroautos produziert. Deswegen ist es wichtig, technologieoffen zu bleiben.“

Hei sinn ons däitsch Noperen, a besonnesch d'Saarland, scho vill méi wäit an hu mat Partner vu Bus, Camionen an Automobil eng Strategie entworf mam Numm „Das Saarland 2030: Auf dem Weg zum Wasserstoffland.“ Hei fënn een ënner anerem am Dokument vun de Chancë fir H2 an der Automobilindustrie Argumenter, wéini wat fir eng Technologie soll ugewannt ginn. Ouni Zweifel, bei klengen a mëttleren Autoen hutt Der e Batterieauto, ab zwou Tonne mat enger Autonomie vun iwwer 250 km d'Batterie an d'Brennstoffzell, bei Bus, Camion an Zuch op net elektrifizéierte Strecken ausschliesslech d'Brennstoffzell a bei Schëff a Fliger den E-Fuel.

An de Käpp vun de Leit ass dëse Wandel och, wéi et schéngt, schonn amgaangen. Laut enger „Spiegel“-Studie wiere méi Leit bereet, vun engem Verbrenner op e Waasserstoffauto ëmzeklamme wéi op e Batterieauto. Also logescherweis kéime mer méi séier vum Verbrenner fort, wa mer béid Technologien an der Mobilitéit géife féieren, a besonnesch eebe beim Auto. D'Studie seet: 61 % wëllen, dass méi an den ëffentlechen Transport investéiert gëtt, 41 % wëllen, dass méi an den Zuch fir wäit Strecken investéiert gëtt, 39 % wëllen, dass an de Brennstoffzellenauto investéiert gëtt, 15 % an d'E-Bikes, 14 % an de Batterieauto an 9 % an de Carsharing. Also follglech wëlle bal dräimol méi Leit op en H2-Auto ëmklamme wéi op e Batterieauto.

E puer Kritikpunkten, wann Der erlaabt. De Minister Turmes huet jo elo viru Kuerzem ons Lëtzebuurger Waasserstoffstrategie virgestallt. An ech géif dozou gär e puer Kriticken äusseren.

Éischtens: besser spët wéi ni! Mir als CSV hu scho säit Laangem eng Waasserstoffstrategie gefuerdert. Laang huet sech de Minister Turmes dergéint gewiert an elo eréischt rezent huet en den Émschwong gemaach an hie wëllt och endlech eng Waasserstoffstrategie fir Lëtzebuerg entwéckelen.

Elo musse mer hoffen, dass dat net fir e puer Acteuren, wéi Paul Wurth zum Beispill an och anerer, ze spët ass, well déi hir Pilotprojete schonn am Ausland realiséieren oder realiséiert hunn. Et deet sech nämlech ganz vill um Marché, Dir Dammen an Dir Hären, an d'Entreprisë sinn Demandeur an si waarden op e politescht Zeechen, si waarden op eng Signalwirkung!

Zweetens ass d'Virgoensweis a Fro ze stellen. Wéi ech ugangs scho gesot hunn, ass et richtig, dass een nëmme wëllt de gréngen H2 international féieren a virun allem déi Beräicher, wou d'Elektrifikatioun problematesch oder manner sënnavoll ass. Dëst ass awer eng aner Approche wéi bei de Batterien! Meng Kolleegin Martine Hansen hat dat gëschter och scho gesot.

Hei ass ëmmer argumentéiert ginn: „Mir müssen Zeechen a Richtung Elektromobilitéit setzen, fir dass sech eppes beweegt. An au fur et à mesure wäerte jo och dann de Stroummix méi gréng ginn an d'Batterieproduktioun méi nohalteg an d'Technik besser.“

Beim H2 gëtt argumentéiert: „Fir d'éischt sollen d'Infrastrukturen an d'Nohaltegkeet assuréiert ginn, éier mer d'konkreet Ëmsetzung um Terrain wëlle gesinn.“ Mir soen also: „D'Batterie gëtt ëmmer méi gréng a mir schaffen äifreg an dës Richtung.“ A beim Waasserstoff hätte mer gäre fir d'éischt alles gréng an da setze mer et ëm!

Elo kéint et awer sinn, dass mer domadder den Uschloss géife verléieren an erëm nokucken, wéi op anere Plazen innovativ Projete kommen. Okay, soulaang mir net ganz gréngen H2 hunn, si mer net bei enger total dekarboniséierter Léisung. Mee do si mer bei eise Stroummix jo och net. Wann H2 aus enger Pipeline gezaapt gëtt, ass et jo och egal, oder eis dacks egal. Mir kënnen jo dofir awer eventuell op engem Marché gréng H2-Produktiounen ënnerstëtzen.

Wat ass do anescht wéi beim Stroum? Den Elektron, dee mir zapen, kënn jo och net aus der Offshorwandturbinn, wou mir e kaaft hunn! De Problem wäert awer hei sinn, dass momentan net genuch grénge Waasserstoff um Marché ass, deen ee ka kafen. Och do muss sech eppes änneren. Do si mer eis alleguerten eens.

E Wuert iwwert d'Kooperatioun: Wäer et net eng Méiglechkeet, d'Produktioun vum Waasserstoff an Drëtlänner mat der Kooperatiounshëllef ze kombinéieren, zum Beispill, dass een a Marokko en nohaltegen Energiesystem opbaut. Et gëtt zum Beispill de Projet mam Cap-Vert an der Waasserstoffstrategie ernimmt! Do wär et interessant, eppes méi Konkreetes gewuer ze ginn.

An deem Kontext kann een och froen, wéi een da wëllt e produzéierten H2 aus Drëtlänner op Lëtzebuerg oder op d'Festland bréngen. Den Hauptpunkt ass also: d'Produktioun vum gréngem Waasserstoff, säi Stockage an da säin Transport.

Mee an deenen nächste fënnef Joer wäerte staark Verbesserungen komme bei Hierstellung an Trans-





port. Laut Siemens Energy kascht de grénge Waasserstoff a fénnef Joer geneesou deier wéi de groen, mat 1,5 Euro de Kilo.

A wou ass dann de Courage, an dat froen ech den Här Minister Turmes, wou ass de Courage, fir ze soen, dass mer 10 % bis 20 % vum Waasserstoff bei den Äerdgas bäimësche kënnen, fir dann 10 % bis 20 % manner CO<sub>2</sub>-Ausstouss am Haushalt ze hunn, an dat ouni ze vill Opwand? An der Kommissioun sot den Energieminister, dass dat ni wäert kënnen de Fall sinn, dass en Haushalt mat Waasserstoff wäert kënnen gehëtzt ginn. Et gëtt Analysen an Etüden am Ausland, déi genee dorunner schafen! Et sollt een ni „ni“ soen. Den Opruff gëllt, fir méi open-minded ze sinn a sech hei wannechgelift dach keen Denkverbuet ze ginn!

E puer Zukunftsiddien, wannechgelift. An Zukunft ass et wichteg, dass mir an dräi Theemefelder nach méi aktiv ginn, éischters d'Späicherung vum der Energie. An Zukunft wäert H<sub>2</sub>, hoffen ech, virun allem eng Roll spillen, fir ons erneierbar Energie ze späicheren. Wann en Iwwerschoss un erneierbaren Energien do ass, kann een domadder Waasserstoff produzéieren, deen een dann erëm kann notzen, wa manner erneierbar Energien zur Verfügung stinn. Hei kënnt dem Waasserstoff an Zukunft wuel eng ganz kruzial Roll zou. An et wär dofir wichteg, wann een d'Roll als Späichermmedium méi detailléiert a besser an där Lëtzebuurger Waasserstoffstrategie géif duerstellen.

An dësem Kontext wär et zum Beispill sënnvoll, eng Pilotanlag bei e Wandpark zu Lëtzebuerg ze bauen, wou dann H<sub>2</sub> ka produzéiert ginn, wann Energie do ass, fir esou ze evitéieren, dass d'Wandrieder am Leerlauf lafen, wann da keen Abneemer do ass. Wann dëst opgrond vun ze kleng Capacitéiten net méiglech wier, da kéint een och esou Electrolyseuren am Ausland féerden. Do kéint ee jo dann och Synergje bilden.

Zweetens nach e Wuert iwwert d'Fuerschung: D'Ém-wandlung vu Solarenergie a Waasserstoff ass elo nach ze energieintensiv. Wann een et awer fäerdeg-bréngt, Solarenergie direkt a Waasserstoff ëmze-wandelen, ouni iwwert d'Phas vun der Stroumproduktioun ze goen, da kann et sënnvoll sinn, de Waasserstoff als Energiequell ze benotzen.

An hei kënnen mir mam Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg eng entscheidend Roll spillen! Sou ass de LIST d'lescht Joer eng Kooperatioun mat enger franséischer Firma agaangen, déi justement dorunner fuerscht. Och kéint een eng Pilotanlag um Findel installéieren, fir d'Produktioun a virun allem d'Fuerschung vu syntheetische Kraaftstoffer esou ze féerden.

Laut Informatiounen vu Paul Wurth hu si mat der Firma Sunfire vun Dresden esou e Pilotprojet lafen, wou mat Hëllef vu Wasserdampf iwwer en Electrolyseur Waasserstoff soll hiergestallt ginn an dann an E-Fuel ëmgewandelt gëtt fir d'Fliegen. D'Fro: Firwat net och hei eng Tankstell fir Autoe fir den E-Fuel?

Drëttens nach e Wuert iwwert d'Kooperatioun. Mir brauchen d'Kooperatioun mat onsen Nopeschlänner a virun allem d'Belsch, Holland an Däitschland, wou an den Offshorewandparke wuel déi éischt Waasserstoffhubs entstinn. Och hei kéinte mir d'Chance ergreifen, fir de Logistikstanduert Lëtzebuerg ze stäerken, zum Beispill duerch de Bau vun honnertprozentge Waasserstoffleitung vum der Küst bis op Lëtzebuerg oder iwwert d'Promouvierung vu Waasserstoff an der Schëfffaart iwwer onse Pavillon maritime. Mir sollten och mam Saarland kooperéieren an zesumme mat hinnen un enger Strategie schaffe fir Industrie, Haushalt a Mobilitéit. Déi si schonn hei vill méi wäit wéi mir.

Dir Dammen an Hären, ech kommen zur Konk-lusioun.

Mir brauchen also Waasserstoff, fir dass mer d'Klimaneutralitéit esou séier wéi méiglech erreechen. Technologieoppenheet ass wichteg, an et ass um Staat, derfir ze suergen. Grouss Automobilfirmen hu sech vill Gedanke gemaach a puncto Pkw, Lkw a Bus a verzweifelen e bëssen um Hong-Ee-Prinzip. Dofir brauche mer eng Infrastruktur fir de Waasserstoff. Souwuel Frankräich, d'Belsch, Holland an Däitschland bauen elo grad schonn en Tankstellennetz op. An op der Europakaart ass Lëtzebuerg eent vun deenen eenzege Länner, wou nach keng Tankstell ass, obscho scho laang driwwer geschwat gëtt, scho méi wéi fénnef Joer.

Vergiesse mer net den usprochsvolle Projet an der Schwäiz, wou bis 2025 iwwer dausend Camione mat Waasserstoff fuere wäerten, an dat mat engem Leasingsystem. Firwat net och esou zu Lëtzebuerg? Et gëtt Firmen, déi waarden dodrop! Ech kéint lech der opzielen; ouni awer elo hei wëlle Reklamm ze maachen.

Also, et ass Courage gefrot.

D'Zil vun enger nohalteger Zukunft ass wichteg. Mir müssen de Gap tëschent dem Energiebesoin an den erneierbaren Alternative fëllen, fort vu fossillen Energieträger bei klimaschounend Energieträger

wéi d'Future Fuels. Waasserstoff kann een dovunner sinn. Gi mer him eng Chance!

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Paul Galles, wann ech mech net ieren.

■ **Plusieurs voix.** - Den Här Kaes.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - A. Ech hunn den Här Kaes ...

■ **M. Aly Kaes** (CSV). - Mir hu gewiesselt.

■ **Une voix.** - Si hu gewiesselt.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - A, Dir hutt gewiesselt. Dir sidd awer net ze verwiesse-len.

■ **M. Aly Kaes** (CSV). - Nee. Dat ganz sécher.

(Hilarité)

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Dir hutt d'Wuert, Här Kaes.

■ **M. Aly Kaes** (CSV). - Merci, Här President. Voilà, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech ginn haut a menger Interventioun haaptsächlech op d'Problemer vun deene méi „kleng“ Gemengen am ländleche Raum an. Ben, dat versteet sech jo e bëssen.

Wéi all d'Gemengen hunn och si vill ënnert der aktueller Kris an deem domadder verbonnene Réckgang vun de Bättrëg aus dem Fonds de dotation globale vun de Gemenge gelidden. Mir bedauern och extreem, datt den Innenministère op dësem Punkt de Gemengen einfach net méi entgéintkomm ass, well d'Gemenge jo awer schlussendlech, jo, déi ekonomesch, lokal awer och sozial Acteuren an eise-m Land sinn, déi ganz einfach vum Staat méi finanziell, nach méi finanziell missten ënnerstëtzt ginn.

Dir Dammen, Dir Hären, de Problem geet scho méi wäit zrëck an ass effektiv méi komplex. D'CSV, dat heescht meng Fraktioun, hat scho bei den Debatten zu der Gemeengefinanzreform an an de jeeweilege Kommissiounssëtzunge kritiséiert, datt duerch dës Reform virun allem d'ländlech Gemengen, déi net dicht besidelt sinn a grouss Fläche virweisen, benodelegt géife ginn. Aus dësem Grond hat d'CSV schonn 2017 e Modell virgeschloen, deen dës Ongerechtegkeete fir kleng a ländlech Gemenge géif réckgängig maachen.

Mir bliwen dofir bei dëser Propos a fuerderen e Krittär fir d'Surface verte, dee virun allem de flächenintensive Gemenge géif zeguttkommen. Dëse Modell hätt deemno vill manner Verléierer a géif zu enger méi fairer Verdeelung vun de Gelder féieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Gemengen, a virun allem déi finanziell net esou staark Gemengen, gëtt et nach weider vill Problemer, an dat zum Beispill um Niveau vun de Subsiden. Et ass allgemeng, och duerch d'Kris, ze gesinn, dass d'Präisser um Bau, a jidderee weess et, eis fortlafen, jo, konstant enorm an d'Luucht ginn. Ech denken, jo, déi Erfahrung mécht de Moment jidder-een, dee Gemeengevertrieeder ass an deen an enger Gemeng täteg ass.

Eis Fuerderungen no méi Hëllef gëllen deemno fir eigentlech all d'Beräicher op Gemengenniveau. De Staat muss ganz einfach an der Zukunft de Gemenge finanziell méi ënnert d'Äerm gräifen a si besser ënnerstëtzen a ganz besonnesch och déi méi kleng an déi ländlech Gemengen.

D'Gemenge spille ganz einfach e ganz wichtege Rôle an eiser Gesellschaft - ech hunn et scho gesot - a si responsabel, jo, fir d'Bereetstelle vu ganz villen - ganz villen! - Infrastrukturen, fir nëmmen dat ze nennen. Et ass enorm, Dir Dammen an Dir Hären, wéi vill méi Aufgaben d'Gemengen an deene leschte Jore kritt hunn!

An net méi spéit wéi virgëschter huet de Premierminister weider Moosnamen ugekënnegt, déi ris-kéieren, zousätzlech finanziell Belaaschtunge fir d'Gemengen ze bedeiten: dat um Niveau vum Museksunterrecht, dat um Niveau vum gratis lessen an de Schoulen an an de Maison-relais, dat an der Kannerbetreung. Net falsch verstoen, mir si ganz sécher positiv gestëmmt fir dës Moosnamen, stellen eis awer d'Fro, wien déi zousätzlech Käschten, och um Niveau vun den Infrastrukturen, da wäert ze droen hunn. Mir kritiséieren an dësem Kontext ganz einfach, dass eppes an d'Welt gesat gëtt, ouni konkret ze wëssen, wéi dann dat Ganzt soll ëmgesat ginn.

Dës Tächë gi ganz speziell fir déi méi kleng Gemengen ëmmer méi schwierig ze leeschten, wann déi finanziell Hëllef net considerabel an d'Luucht gesat ginn. Ingesamt gesinn - an ech hunn et schonn e puermol gesot an ech widerhuelen et erëm eng Kéier -, insgesamt gesi misst de Staat, wéi gesot, de Gemenge vill méi ënnert d'Äerm grä-fen.

Sou si mer zum Beispill der Meenung, an d'Kolleegin Fraktiounspräsidentin, oder d'Kopresidentin Martine Hansen, huet et scho gesot, dass de Staat dat ganz Informationsmaterial an och d'Schoulbicher vun alle Schüler misst integral iwwerhuelen. D'Gemengen hunn hei eigentlech guer keng Kompe-tenze méi, ausser der Zurverfügungstellung vun de Gebaier, an deemno soll et och net un hinne sinn, fir fir dës Käschten opzekommen.

E weidere Problem stellt sech och beim CGDIS. Wéi de Michel Wolter a senger Proposition de loi duer-geluecht huet, koumen d'Gemenge beim Finanzement vum CGDIS ganz schlecht ewech ...

■ **Une voix.** - Richtig!

■ **M. Aly Kaes** (CSV). - ... an et kënnt net zu der festgehalener 50:50-Prozent-Finanzéierung tëschent Staat a Gemeng.

Jo, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, och wann de CGDIS, an dat zweifelt keen un, eng ganz gutt Aarbecht mécht, sou stellen ech als laangjä-rege Pompjee, fräiwëllege Pompjee, awer fest, dass eng ganz Rei Saachen, déi fréier vun de fräiwëllege Pompjeeë gelescht gi sinn a wat eng Selbstver-ständlechkeet war, wéi zum Beispill d'Räumen no engem Brand, d'Ewechmaache vun de Beem, awer och d'provisorescht Zoumaache vun engem Daach, jee, einfach eng quasi Éischt Hëllef no enger Kata-stroph - ech kéint elo viles méi nach opzielen -, haut ganz einfach net méi vum CGDIS gemaach gëtt, well et net zum Aufgabebéitt - dat kritiséiert och keen! - vum CGDIS gehéiert. Mee, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung ass da gefuerdert, well de Bierger awer déi Problemer nach ëmmer huet a sech net ze hëllefe weess, d'Regierung ass also ge-fuerdert, sou wéi bei der Finanzéierung Léisungen ze sichen an ze fannen.

Här President, niewent de Gemeengefinanzen an dem CGDIS gëtt et nach e weidere Punkt, deen ech wëll uschwätzen, nämlech dee vum Ofwaasser. Mat der Reform vun 2017 huet d'Regierung den Taux vun den Hëllef fir de Bau oder den Ausbau vun Ofwaasserinfrastrukture vu maximal 90 % op maxi-mal 50 % erfogsat. Reell heescht dat awer, vu dass dat jo e Forfait ass, dass nëmmen 30 % bis 40 % vun de reellen Ausgabe vun de Gemengen iwwert d'Subside gedeckt ginn. Fir méi kleng ländlech Ge-menge sinn esou Projete ganz einfach net méi ze schëlleren. Si hu méi kleng Anlagen, an dat oft a be-sonnesch sensibelen Deeler vun der Natur, ze bauen engersäits, ze ënnerhalen anerersäits, an d'Käschten dofir explodéiere reegelrecht.

Mir begrëissen an deem Kontext, dass déi zoustän-neg Ministesch bereet ass, eppes um Forfait fir kleng Anlagen ze maachen. Leider ass dat ganz dacks awer emol net genuch fir den Ausgleich vun de Präishaussen, soudass am Endeffekt awer keng finanziell Erlicherung fir d'Gemengen derbäi erausspréngt. Vusäite vum Ministère müssen also Efforte gemaach ginn, fir deem entgéintzewierken.

Dofir froen ech am Numm vun der CSV nach eng Kéier, fir dës Subsiden endlech unzepasse respektiv ze erhéijen, esou wéi ech dat schonn 2017 bei der Reform vum Waassergesetz gemaach hunn. De Problem gëtt fir d'Gemengen, Dir Dammen an Dir Hären, ëmmer méi schwierig, ëmmer méi schlëmm!

Mir fuerderen also weider, op d'mannst 65 % - net 50 %, mee 65 %! - vun de „reelle“ Käschten, net vun engem Forfait, mee vun de reelle Käschten, vun Staat subventionéiert ze kréien an dass dës Subsidi-en och amortisabel am Kontext vum Waasserpräis sinn. Nëmmen esou kënnen mer derfir suergen, dass mer och an Zukunft e gutt fonctionéierend Ofwaas-ernetz hunn, respektiv dass mer dat nach kënnen weider ausbauen, sou wéi d'EU dat an der Waasser-direktiv virschreift.

Här President, och am Kader vum Pacte Loge-ment 2.0 géifen natierlech vill Gemengen - mir wëlle jo all eppes maachen am Logement an och d'Gemenge wëlle wierklech do mathëlfen -, géifen also gäre vill Gemenge matschaffen. Mee kleng ländlech Gemengen hunn, bei all deene Problemer, déi se haut schonn hunn, einfach net déi finanziell Mëttelen, fir och nach am Beräich vum Wunnengs-bau eppes kënnen ze maachen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, elo kënnt ee vun, jo, mengen „Daddaen“: Wat d'Waasser betrëfft, wider-huelen ech déi laangjäreg Fuerderung no engem landeswäit eenheetlechen Ofwaasser-an Drénk-waasserpräis. Hei steet, an ech betounen dat, meng Partei, d'CSV, voll a ganz derhannert, an et géife ganz sécher domadder vill Ongerechtegkeeten aus dem Wee geschaf ginn. Ländlech Gemengen hunn nun emol mat hire grouse Fläche méi e groust Waassernetz, vill méi e groust, an en deiert Klärin-frastrukturnetz oder ganz einfach méi Klärinfra-strukturen ze ënnerhalen an deemno och vill méi grouss Käschten ze droen.

A besonnesch muss een dann och nach derbäi-soen, dass an deene Gemengen an der Relatioun zu där Infrastruktur relativ wéineg Bierger wunnen. Bei engem käschtendeckende Waasserpräis sinn d'Ta-xen domadder also a ländleche Gemenge vill méi héich. An trotzdem müssen d'Gemengen nach

Deeler vun deene Käschten iwwerhuelen, well soss deen Ënnerschied zu urbane Gemengen nach méi grouss wär. Dofir wär en eenheetlechen Drénk- an Ofwaasserpräis eiser Meenung no fir all Gemengen, awer virun allem fir all Bierger méi gerecht a géif och, jo, dem Solidaritéitsgedanken tëschent all de Gemenge ganz sécher gerecht ginn.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, an deem Sënn soen ech lech villmools Merci fir Är Opmierksam-keet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och dem Här Kaes. A souwäit ech dat kann iwwerblécken, ass de leschten ageschriwwene Riedner de Paul Galles. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Paul Galles** (CSV). - Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, als leschte Riedner vun haut de Moien, ier de Premierminister dann erëm d'Wuert kritt, nach e puer Gedanken an d'Ronn ze werfen.

Wann ee sech Gedanke mécht ëm den État de la nation, den Zoustand vun eise-m Land, dann hält ee jo ëmmer iergendwéi e gewëssene Bléckwénkel an. An de Premier huet de Bléckwénkel ageholl, deen en zum Resultat bruecht huet, dass Lëtzebuerg en Erfolgsmodell ass. An ech wëll hei e puer Gedan-ken an d'Ronn werfen, déi mech awer dozou brén-gen, e Bléckwénkel anzehuelen, vun deem ech men-gen, dass en eis dozou verleet ze soen: „Et ass keen Erfolgsmodell.“

Well wa mer kucken, wéi mer Politik eigentlech maachen, wou mer alleguerte jo iergendwéi probéieren, de Mënsch an de Mëttelpunkt vun eiser Poli-tik ze setzen, dann ass virun allem bei eis an der CSV kloer: De Mënsch ass ëmmer Deel vun enger Gesellschaft, déi opbaut op Solidaritéit. A wann een dat Theema kuckt, d'Theema vum dem Zesummen-halt vun der Gesellschaft, vun der Cohésion sociale, vun der sozialer Gerechtegkeet, oder eeben ëmge-kéiert vun de sozialen Ongerechtegkeeten zu Lëtze-buerg, da mengen ech, dass ee vu Lëtzebuerg net där-f als en Erfolgsmodell schwätzen.

Mir sinn am Moment konfrontéiert mat enger gan-zer Rei vu Krisen. Ech nennen einfach emol déi dräi Krisen, vun deenen ech mengen, dass se d'Covid-kris nach wäerten iwwerdauern. Déi éischt ass d'Klimakris. A wann ech mer do därft erlaben, dem Premierminister einfach eng ganz konkret Fro ze stellen, well ech mech domat beschäfteigen: näm-lech déi vum Klima-Biergerrot, wéi deen dann herno zesummege-sat ass, bezieungsweis ob do och déi Mouvementer, d'Transition-Mouvementer, déi schonn doru schaffen, agebonne ginn, fir deen dann herno ze definéieren. D'Klimakris also engersäits, eng zweet Kris ass d'Wunnungskris an eng drëtt Kris ganz kloer d'Kris vun de sozialen Ongerechtegkee-ten zu Lëtzebuerg.

An déi Krise si matenaner verbonnen, well et heescht an et ass ganz kloer: Mir brennen am Mo-ment eise Planéit aus, well mer en enormen Trip hu vu Konsum a vun Zwang zu Wuesstum. Mir brennen och d'Mënschen aus, well mer alleguerten an en-gem Hamsterrad dréinen a mer iwwerhaupt nëm-men nach kënnen matkommen, wa mer an deem Hamsterrad bliwen, an et trotzdem ëmmer nach Mënsche gëtt, déi, obwuel se schaffe ginn, ënnert dem Aarmutsrisiko bleiwen. A mir brennen och de sozialen Zesummenhalt aus, an ech schwätze guer net vun deem, jo, vun deem „clivage“, dee mer elo riskéieren ze kréien opgrond vun eise Froe ronde-rëm Froe wéi dann Impfung, mee ech schwätze vun där Schéier tëschent Aarm a Räich, dass mer ëm-mer nach nei Instrumenter musse fannen, fir dass eng ganz Rei Leit zu Lëtzebuerg iwwerhaupt nach kënnen matkommen. An déi sozial Ongerechtegkee-ten, déi Schéier ass immens grouss!

An all déi Mesuren an Éieren, déi mer elo nei héie-ren hunn an déi mer schonn zu Lëtzebuerg alleguer-ten hunn - a mir si jo alleguerten och d'accord mat deene Mesuren, a mäi Kolleg Marc Spautz huet et och scho virdrun erwänt: Mir brauche Mesuren, mat deene mer kënnen ad hoc de Leit elo hëllefen -, bei all deem an Éieren, musse mer eis trotzdem froen, fannen ech, wéi wäit mer am Gesamtzou-stand vun eise-m Land komm sinn, wa mer elo mus-sen higoen an als Staat eis drëms këmmen, dass d'Kanner nach mëttes eppes Waarmes z'iesse kréien. An den Educationsminister huet derbäige-sot: „Dat huet och finanziell Ursachen.“ Wéi wäit si mer zu Lëtzebuerg komm, dass dat elo néideg gëtt?

A wéi wäit si mer zu Lëtzebuerg komm, dass mer eise Kanner an Enkelkanner net méi verspriche kënnen, dass se iwwerhaupt hei zu Lëtzebuerg wäerte wunne kënnen? A wéi wäit si mer zu Lëtze-buerg komm, dass d'Klimakris eis alleguerte be-trëfft, a besonnesch natierlech ëmmer nach eng Kéier méi déi Schwächst, an dass mer d'Zukunft vun eise Kanner a Kandskanner op d'Spill setzen?

An de Premierminister seet hei, Lëtzebuerg wär en Erfolgsmodell. Ech kann dat, wann ech dat dote kucken, déi dote Constate kucken, net ënnerschrei-ven! Lëtzebuerg ass keen Erfolgsmodell, well déi Krisen eis alleguerten do ëm d'Ouere geschloe





ginn. Mir sinn nämlech an engem Zoustand, wou mer eis zwar wënschen, mir wären iergendwéi erëm esou wéi virun der Kris, mee virun der Kris war et fir vill Mënschen hei zu Lëtzebuerg och scho schrecklech fir ze liewen, well se net matkomm sinn an engem Land, wou se ëmmer méi riskéieren, defavoriséiert ze ginn.

Et ass schéin a gutt, 200 Euro elo fir d'Allocation de vie chère derbäizeleeën. Et ass schéin a gutt och de Crédit d'impôt fir d'Monoparentaux. Et ass schéin a gutt och d'Évolution vum REVIS. Dat ass alles schéin a gutt, mee souguer wa mer eis musse froen, ob dat iwwerhaapt duergeet, musse mer eng Saach awer kloer soen: De Grondproblem, nämlech dee vun de sozialen Ongerechtegkeeten, deen hanndrusteet, kënne mer mat deenen dote Mesuren am Moment net bekämpfen.

An deem Dag vun haut, de 14. Oktober 2021, ass e wichtegen Dag, well grad haut ass de Rapport travail et cohésion sociale vum Statec erauskomm. An et ass ëmmer en vue vun der Journée de la lutte contre la pauvreté, de 17. Oktober weltwäit, wou dee gemaach gëtt. Haut ass dee Rapport erauskomm. An dee Rapport, dee seet, dass den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg fir d'Joer 2020 - mir schwätze vun 2020 - stagnéiert huet. Dat ass kee Wonner. Ech hu schonn am Virfeld iwwerhaapt dofir ëmmer gemengt, mussen ze soen, dass héchstwahrscheinlech duerch d'Joer 2020 den Aarmutsrisiko net explodéiere wäert, souguer wann een dat hätt kënne instinktiv mengen.

An de Grond ass ganz einfach: well mer am Joer 2020 duerch déi Mesurë wéi zum Beispill de Chômage partiel oder déi 100 % Mindestloun oder och déi ganz Loyersmesuren deenen, deenen et net esou gutt gaangen ass, staark ënner d'Äerm gegraff hunn. Déi krute gehollef an dat war ganz richtig a ganz gutt esou. An natierlech déi, déi op där anerer Säit vun der Skala stinn an déi ganz vill verdéngen, déi hu vun deene Mesuren entweder net kënne profitéieren oder déi Mesuren hunn net kënne kompenséieren, wat se soss alles nach hätte kënne während deem Joer maachen.

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Dat alles hu mer gemaach, ouni dass eng Motioun vun der CSV do war.

■ **M. Paul Galles** (CSV).- An ech fannen dat och ganz gutt, dass Der et gemaach hutt!

Dofir, wat ech wollt soen, Här Kersch a léif Kollegeinnen a Kollegen: Et war eigentlech fir mech kloer, dass den Aarmutsrisiko am Joer 2020 net wäert explodéieren. Mee wat mer awer hunn, dat ass awer eng Pauvreté de la santé. An déi huet de Statec och a sengem Rapport thematiséiert. A wat mer wäerten héchstwahrscheinlech kréien, an dat soen international Etüden: Den Homeschooling an den Homeoffice wäerten och derzou féieren, dass déi sozial Ongerechtegkeete spéiderhi riskéieren ausenannerzegoen. A mir riskéieren, dass duerno och eng kéier e Retour an e Schlag kënnt.

An erlaabt mer ganz kuerz, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, trotzdeem déi Zuele vun der sozialer Ongerechtegkeet zu Lëtzebuerg, och wa se elo dëst Joer stagnéieren, an Erënnerung ze ruffen, well si sinn a bleiwen immens héich. Den Gini-Koeffizient ass iwwer 30! Dat läit iwwert der europäescher Moyenne. Den Aarmutsrisiko läit fir déi ganz Bevëlkerung bei 17 % bis 18 %, ass iwwert der europäescher Moyenne. An: Den Aarmutsrisiko fir déi, wann een d'Transferts sociaux an d'Pensioun ewechhëlt, läit bei 46 %! Dat ass wäit iwwert der europäescher Moyenne. An da muss een och derbäisoen: De Ratio S80/S20, nämlech de Verglach tëschent deem Fënneftel vun deenen, déi am schlechtesten dru sinn, an deem Fënneftel vun deenen, déi am beschten dru sinn, läit zu Lëtzebuerg bei iwwer fënnef. An och dat läit iwwert der europäescher Moyenne. An ech fannen, dass dat fir e Lëtzebuerger Land, wat mer als Erfollegsmodeill verkafeen a wou mer eigentlech ganz vill Moyenen hunn, dass dat fir dat Lëtzebuerger Land net duergeet, fir ze soen, dass mer en Erfollegsmodeill wäeren.

Mir däreifen, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, déi aarm Mënschen hei zu Lëtzebuerg net vergiessen: déi, déi sech keen Elektroauto leeschte kënne; déi, déi net iwwer e gewëssene Seuil kommen, fir iwwerhaapt vun eppes ze profitéieren; déi, déi net méi heiheim kënne wunne bleiwen. Mir däreifen net vergiessen, dass mer déi Mënschen hunn. A mir mussen als Politik ganz kloer an d'äitlech dofir astoen! Well mir riskéieren, dass den Zwang zum Wuesstum alles ausbrennt an déi sozial Ongerechtegkeeten ëmmer nach méi grouss mécht.

A mir fannen an dem Taux vum Aarmutsrisiko - an dat wësst Der alleguerten nach besser wéi ech - do ganz gutt eraus, wat fir eng Mënschen déi sinn, wou mer elo ad hoc direkt eppes musse maachen. Et ass kloer, dass et déi Jonk sinn, besonnesch tëschent 18 a 24 Joer. An ass kloer, dass et d'Monoparentaux sinn. Et ass kloer, dass et d'Ausländer sinn. Et ass kloer, dass et déi sinn, déi manner ausgebilt sinn. An et ass leider och kloer, dass mer zu Lëtzebuerg vill ze vill Working-Poor-Leit hunn. Dat

si Mënschen, fir déi mer eis politesch mussen engagéieren. An dat sinn déi Mënschen, déi riskéieren, ewechzefueren ënner engem Zwang zum Wuesstum.

An dofir, Här Staatsminister, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, hunn ech et net verantwortlech fonnt, dass an Är Ried zum État de la nation, zum Zoustand vun eiser Natioun, kee Wuert driwwer verluer gaangen ass, wéi mer eis dann déi dote sozial Gerechtegkeet an d'Bekämpfung vun de sozialen Ongerechtegkeeten an Zukunft virstellen, wat mer dann och maachen, fir eise Wuesstum esou ze gestalten, dass alleguerten d'Bevëlkerschichten zu Lëtzebuerg matkommen.

Mir hu kee Wuert héieren an där Ried zum État de la nation iwwert de Wuesstum. Mir hu kee Wuert an där Ried héieren iwwer eng Visioun an eng Initiativ, wéi ee sech zum Beispill eng kéier kéint virstellen ze kucken, de Sozialsystem esou ofzesécheren, dass mer net ofhänke vun engem verréckte quantitative Wuesstum, zu deem mer gezwonge ginn, well mer soss eise Sozialsystem net méi hunn. Kee Wuert a keng Initiativ, keng Visioun dozou, wéi mer eist Land nei kënne opstellen, soudass déi sozial Ongerechtegkeete bekämpft ginn!

An ech wëll nach ee Wuert derzou soen, well Dir kënnt mech jo elo froen: „Jo, majo hänkt dat iwwerhaapt zesummen, Wuesstum a sozial Ongerechtegkeeten?“ Ech wëll e puer Wuert dozou soen, fir dass awer kloer ass, dass déi heite Reflexioun stringent a kohärent ass.

Virun zwee Joer, 2019, war am „Tageblatt“ en Artikel, deem huet sech iwwerschrifft mat „Das Reichtumsparadoxon: Luxemburg wird reicher, während die Ungleichheit wächst“. De Wuesstum féiert dozou, dass Lëtzebuerg méi räich gëtt, an d'Ongläichheet geet weider ausenaner. An an deem Artikel ass et kloer: Den Hauptfacteur ass natierlech de Logement. Dat wäert elo kee vun eis heibannen iergendwéi verwonneren. Dat bedeit awer: Et gëtt duerchaus Facteurs, déi eng Korrelatioun hierstellen tëschent Wuesstum a sozialen Ongerechtegkeeten.

Dat Zweet, wat ee muss soen, ass, dass aus Etüden iwwert d'Aarmut, aus deene meeschten Etüden iwwert d'Aarmut, ervirgeet: De Wuesstum kënnt op eng ënnerschiddlech Aart a Weis bei de Mënschen un. Déi héich Revenue profitéiere vum Wuesstum. An hir Revenue gi relativ séier an d'Luucht. Déi mëttel an déi kleng Revenue stagnéieren oder gi lues an d'Luucht.

An dat muss ee sech un engem Beispill eng kéier vergéigewäertegen: Wann den X duebel esou vill huet wéi den Y an den X kritt duerch de Wuesstum op dat nächst Joer duebel esou vill wéi den Y, dann ass d'sozial Ongerechtegkeet gläich bliwwen, well en huet ëmmer nach zweemol sou vill wéi deenen aneren. Mee d'sozial Ongerechtegkeete ginn an d'Luucht. Dat heescht, dat, wat hie kritt - den X - geet par rapport zu deem, wat den Y vu senger Méiglechkeeten hier kritt, nach ëmmer disproportionell an d'Luucht. Dat heescht: Do ass iergendwou ee Clivage dran, deen net bekämpft gëtt. Dat si sozial Ongerechtegkeeten an de Wuesstum kënnt op eng ënnerschiddlech Aart a Weis bei der Bevëlkerung un.

An dat Drëtt, wat ech wëll soen: Et gëtt also eng Korrelatioun. Wann een nämlech da freet: „Jo, bass du dann elo e Verfechter vun der Décroissance?“. Ma guer net, well et gëtt nämlech ganz interessant Recherchen. Déi soen nämlech: Wa mer sozial Gerechtegkeet zu Lëtzebuerg hierstellen, iwwerhaapt sozial Gerechtegkeet am grouss Ganzen, ass dat ëmmer zum Virdeel vum Wuesstum vun enger Gesamtnatioun, vun enger sozialer Gesamtbevëlkerung. Méi sozial Gläichheet ass ëmmer e Katalysator vum Wuesstum. An dat nennen ech da qualitative Wuesstum.

Dat heescht: Wa mir net vun engem quantitative Wuesstum, zu deem mer gezwonge ginn, ofhängeg wäeren, da géife mer jo viles maache fir de Klima a fir eise Wunnengsmarché. Wa mer dovun net ofhängeg wäeren, wa mer zugläch eis sozial Ongläichheete besser géife bekämpfen an zu enger sozialer Gläichheet géife fannen, kéinte mer tatsächlech Wuesstum hunn, deen ech da „qualitativ“ nennen an net „quantitativ“. Wa mer dat géifen hikeréien an déi Recherchen hu Recht, dass sozial Gläichheet dozou féiert, dass de Wuesstum weidergeet, da kann ee jo eigentlech soen, dann hätte mer e qualitative Wuesstum ouni groussaartegen quantitativen Zwang an ouni deen Drock op Klima a Logement. An dat wäre fir mech, an ech werfen dee Gedanken einfach just an d'Ronn, Gedanken, eng Visioun, mat deenen een hätt kënne schaffen, wann een iwwert den État de la nation schwätzt.

Ech wëll dee Gedanken einfach just an d'Ronn werfen, well ech mengen, dat wäre Gedanken, déi an nächster Zäit missten diskutéiert ginn. An ech fannen et wierklech enttäuschend, dass zu deenen dote Saachen näischt an der Ried vum État de la nation war. Dass keng Visioun derbäi war, wéi eist Land soll ausgesinn, Här Staatsminister, soudass all Mensch hei ka liewen, soudass d'Gesellschaft

solidaresch bleift an déi sozial Ongerechtegkeeten net nach weider an d'Luucht ginn. Also, dass mer e Liewensstil zu Lëtzebuerg kréien, wou och d'Klima kann opoopen. Dat enttäuscht mech. Ech fannen dat onverantwortlech. Ech fannen et schwaach. An ech fannen et och net staatsmännesch.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

(*Exclamations*)

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- ... wann ee sech mell, fir eng Fro ze stellen. Däerf ech dat nach? Ass dat nach erlaabt?

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Jo, wann den Här Galles nach do ass.

■ **Une voix**.- En ass nach do, jo.

(*Hilarité*)

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Bon, ech wollt just zwou Saache bemierken. Fir d'éischt emol merci fir alleguerten déi Problematiken, déi Der opgeworf hutt. Ech mengen, dass ech elo hei während Stonnen nogelauschtert hunn, wat déi eenzel Deputéiert hei gesot hunn. An dat, wat Dir elo hei zum Schluss gesot hutt an lech praktesch den Alleinvertretungsanspruch geholl huet, hunn ech elo während zwee Deeg nogelauschtert, dass mer probéiert hunn, eng konstruktiv Diskussioun driwwer ze féieren, fir alleguerten déi Problematiken, déi Dir elo ugeschwat hutt, zesummen ze léisen. Dat emol op d'Säit gesat.

An och de Staatsminister huet a senger Ried ganz wuel d'Aarmutsfro ugeschwat. En huet souguer konkret Mesurë virgestallt, wéi mer do wëlte virgoen.

Mee wat mech am meeschte gestéiert huet bei Ärem Bäitrag, dat ass, dass Der sot, dass Lëtzebuerg keen Erfollegsmodeill wär. Dir hutt dat jo hei ganz kloer niéiert. Ech deelen Är Meenung do absolut net! Ech hunn awer eng Fro an deem dote Kontext: Wann eist Land keen Erfollegsmodeill ass, da sot mer mol, wéi ee Land op der Welt dann en Erfollegsmodeill ass. Dat ass emol déi éischt Fro.

(*Interruptions*)

An déi zweet Fro, déi ech wëll stellen, ass: Déi Problemer, déi Der hei elo ausgebreet hutt a wou ech ganz, ganz no bei lech sinn, dass mer verschidder och ganz gutt mussen ugoen, da sot mer emol, wéi mer dat da solle konkret maachen. Dat ass déi zweet Fro.

An déi drëtt Fro ass déi: Mengt Der net, déi Entwécklungen do wäeren an deenen anere Länner ronderëm vill méi dramatesch wéi hei zu Lëtzebuerg, eebe well mer hei ganz konkret géigesteieren? Dat ass jiddefalls meng Iwwerzeegung!

(*Interruptions*)

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Den Här Galles.

■ **M. Paul Galles** (CSV).- Jo. Ech kommen nach eng kéier bei lech.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- A, kommt Der nach eng kéier?

(*M. Paul Galles rejoint le pupitre*.)

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Net meng Ried virlesen!

(*Hilarité*)

■ **M. Paul Galles** (CSV).- Nee. Et ass wouer, ech halen elo net dem Här Staatsminister seng Ried, déi hei läit.

Ech soen lech Merci fir déi Fro. Ech sinn och ganz frou, dass mer eis eens sinn, dass mer déi Problematiken hei identifzéieren. Ech hu gesot, dass een, wann een en État de la nation beschreift, verschidde Bléckwénkele kann hunn. An dee Bléckwénkel, deen ech hei elo thematiséiert hunn, ass e Bléckwénkel, vun deem ech der Meenung sinn, dass en tatsächlech keen Erfollegsmodeill ass. An et ass och net, dass een elo géif soen: „Aner Länner hunn et net besser gemaach.“ Ech denke schonn, dass et an der Europäescher Unioun Länner gëtt, an deenen den Aarmutsrisiko méi kleng ass an an deenen déi sozial Ongerechtegkeete méi kleng sinn, dass een ...

(*Interruptions*)

... géif soen: „Mir leien, ...

(*Interruptions*)

... mir leien ...

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Sot eis, wou!

■ **M. Paul Galles** (CSV).- ... ënnert dem ...

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Sot eis, wéi e Land Der mengt!

■ **M. Paul Galles** (CSV).- Ech hunn ... Also mir hu jo eng ganz Rei vun ... Ech misst elo ... Also, ech

weess net, ob de Rapport travail et cohésion sociale ... Ech kann elo direkt dodra kucken, da kucke mer d'Statistiken. Ech nennen lech all déi Länner, déi virun eis leien, wat d'Moyenne ugeet.

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Sot mir, wéi e Land en Erfollegsmodeill ass par rapport zu Lëtzebuerg. Dat war d'Fro.

(*Interruptions et brouhaha*)

■ **M. Paul Galles** (CSV).- Ech soen lech dat elo direkt.

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Et war eng kloer Fro.

(*Brouhaha*)

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Här Vizepremier ...

■ **Une voix**.- Alles aus dem Kontext.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Här Vizepremier an Här Galles, ech géif lech bieden, elo Ären Dialog ofzeschleissen, fir dass mer och nach de Premierminister kënne lauschten. A wann nach Saachen ze kläre sinn, da kënnt Der déi vläicht op enger anerer Plaz klären. De leschte Saz vun lech, Här Galles, ...

■ **M. Paul Galles** (CSV).- Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- ... an da gi mer dem Premierminister d'Wuert.

■ **M. Paul Galles** (CSV).- Ech stellen d'Géigefro, Här Kersch: Ass et wierklech esou, dass mir heibannen der Meenung sinn, dass et zu Lëtzebuerg keng sozial Ongerechtegkeete gëtt?

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

(*Exclamations et brouhaha*)

■ **Une voix**.- Dat do huet guer kee gesot!

(*Brouhaha*)

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- A mir schaffen drun, datt et der manner gëtt.

■ **Plusieurs voix**.- Ganz gutt.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Sou, d'Fro ass gestallt.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President ...

(*Brouhaha*)

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- An de Staatsminister huet ...

(*Brouhaha*)

... d'Wuert. Wannechgelift, ...

(*Brouhaha*)

... wannechgelift, berouegt lech!

*Prise de position du Gouvernement*

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Berouegt lech, dass mer dat ...

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- ... ech soen lech Merci, dass ech och elo kann drop äntweren. Ech wëll och de Riederinnen a Riedner alleguerte Merci soe fir hir Interventiounen an och verschiddene vun hinne fir hir konstruktiv Proposen. Dir wësst jo, dass d'Regierung op den Dialog setzt, den Dialog eis wichteg ass, den Dialog een ass, fir deen ech dofir hei och keng „leçon de démocratie“ wëll vun deem engen a vun deem anere kréien.

Ech weess nämlech net, a wéi enge vun onsen Nopeschlänner, wann ech zum Beispill de Comité de concertation an der Belsch kucken oder d'Bundeskanzlerin mat de Ministerpresidenten, wéi eng vu menge Regierungskollegen hir Chamber direkt informéiert hunn, ier se an d'Effentlechkeet gaange sinn, en Echange mat hirem Parlament haten. Ech weess et net. Ech krut et net mat. Weeder an Däitschland nach an der Belsch nach a Frankräich. An et war eis wichteg, dës le départ, och mat lech den Echange ze hunn, ier mer Saachen an d'Effentlechkeet bruecht hunn, wat ganz oft zwar och scho parallell geschitt ass, wéi mer lech informéiert hunn, dass dann och de Grand public mat informéiert ginn ass.

Et war eis wichteg. An ech mengen, ech hunn en hannert mer setzen, de Rapporteur perpétuel vum Covidgesetz, 17 oder 18 Texter, déi ...

■ **Une voix**.- 23.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- ... den Här Di Bartolomeo ... Wéi vill?

■ **Une voix**.- 23.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- 23 Texter, bei deenen den Här Di Bartolomeo Rapportier war! Dat ass e Beweis, dass d'Chamber fonctionéiert huet. Dat ass de Beweis, dass d'Chamber och ganz enk mat agebonne ginn ass.





Ech wëll och der Chamber Merci soen, well mer ganz vill Punkten och an de Chamberskommis-sioun geännert hunn. Texter sinn déi eng Saach. Mee wat duerno erauskënn an der Chamber och gestëmmt gëtt, ass eng aner Saach. An do sinn, vu Majoritéits- wéi vun Oppositionsparteien, och konstruktiv Propositione komm.

Ech soen och der Fraktiounspräsidentin vun der gréisster Oppositionspartei Merci, déi gesot huet, an ech zitieren, datt déi allermeeschte Leit ze-fridde ware mat der Coronapolitik vun der Regie-rung. An ech mengen, dat hu mer awer och fäerdeg-bruecht, well mer awer fäerdegbruecht hunn, meeschtens, en sa grande quantité, hei an der Chamber zesummenzehalen.

Mir dierfen awer net op d'Approbation oder d'Net-approbation, dass deen een oder aneren et ge-säit ... Mir wëlle jo awer och déi Etüd maachen. An do si Leit, déi behaupt hunn, mir géife jo selwer eis Etüde maachen. Nee! D'OCDE mécht keng „étude de plaisir“ oder „de complaisance“. D'OCDE ass en Ausseesteeënden, deen eebe soll och déi Etüd maachen, fir eis ze soen, wat gutt fonctionéiert huet a wat net fonctionéiert huet, fir am Fong och Léieren aus dëser Kris ze kréien an och Recommandatiou-nen ze hunn. An ech mengen, dass dat doten och ganz wichteg ass.

Da kréie mer de Reproche gemaach: „Dir hutt net dës le départ d'Leit alleguerten iwwerzeegt, ge-impft ze ginn!“ Här President, wa mer dat gemaach hätten, wou mer am Ufank net genuch Impfstoff ha-ten, wou mer just Impfstoff haten, mat deem mer wierklech cibléiert konnten an den Altersheimer, Leit mat Spezifizitéiten, mat Vulnerabilitéiten imp-fen, wa mer de Leit alleguerte gesot hätten: „Gitt lech elo impfe loossen!“, hätte mer e Problem ge-hat, well mer souwisou net genuch Impfstoff gehat hätten, fir de Leit kënnen ze ginn. An dës le départ stoungen awer wierklech Spezialisten, d'Dokteren, d'Santé de Bierger Ried an Äntwert, wa se Froen ha-ten.

Ech hunn déi lescht Zuelen elo net kritt, mee ech weess, dass gëschter oder virgëschter zum Beispill bal zweemol méi Leit geimpft gi si wéi d'lescht Woch - gëschter a virgëschter! Ech gesinn och ... an ech hunn elo just mat eisem Zuelespezialist am Covid, dee bei eis an der Regierung ass, net mam Här Gramegna, mee mam Här Bausch, och nees eng Kéier d'Comparaison gemaach, mam Här Bausch, dee Vergläicher gemaach huet mat de Län-ner.

Ech wëll lech just soen: Am Moment a Rumänien, a Bulgarien, an Estland, a Lettland, an ech kéint se nach weider zitieren, wou en Taux de vaccination ënner 50 % a just bei 50 % vun der Gesamtpopula-tioun ass, explodieren d'Zuele vun den Infektiou-nen an explodieren d'Zuelen och an de Spideeler. Dat heescht, déi Leit, déi wierklech mengen, dass mer net alles musse maachen, fir déi preventiv Me-suren, déi vun der Vaccination, déi och gratis ass, och wierklech ze encouragéieren, déi, mengen ech, hunn d'Realitéit awer ... A jiddweree kann do op Google goen. Gitt einfach „Covid“ an d'Land an an da kuckt Der, wéi d'Situatioun an deene Länner ass.

Ech akzeptieren och net, dass verschidde Leit engem d'Gefill ginn, wéi wann hei zu Lëtzebuerg d'Impfflicht elo géif komme weinst dem Covid-Check. Een, deen net wëllt geimpft ginn, muss net geimpft ginn! En huet nach ëmmer d'Méiglechkeet vum Test. D'Impfen ass gratis! Dat ass e Fakt.

■ **Une voix.** - E muss just bezuelen, ...

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - Mee e kann ...

■ **Une voix.** - ... fir schaffen ze goen.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - ... nach ëmmer getest ginn. An Testméig-lechkeete bestinn.

Mir wäerten och weider an deene Gemengen, dat hunn ech jo och scho gesot, intervenieren, fir ze kucken, do cibléiert ... Ech krut jo e Reproche ge-maach, ech hätt jo op der Pressekonferenz net ge-sot, wéi eng Gemengen et wieren. Ech wëll keng Stigmatisatioun an dëser Vaccinatioun! Ech wëll net soen, wéi eng Nationalitéit méi geimpft gëtt. Ech wëll net soen, wéi eng Gemeng méi oder man-ner geimpft ginn ass wéi déi aner. Eis geet et drëms, zesumme mat de Gemengen, zesumme mat den ONGen, ze kucken, dass mer deen Taux och an d'Luucht kréien.

An ech muss lech soen, dass, wa verschidde Leit mer soen, mir hätten net genuch Informatiounen ginn ... Dat, wat mer d'lescht Woch proposéiert hunn, c'est pas de gaieté de cœur, an ech wënsche kengem et an ech sinn iwwerzeegt, dass och vill vun lech déi lescht Deeg Messagë kritt hunn, déi eis net vill Guddes wënschen. Dowéinst, wann ee vu Libertéit schwätzt: Ech sinn total fir Libertéit, mee et muss een och just oppassen, wéi een Toun ee kritt.

Wann ech Doubesmenacë kréien an dass ech muss d'Police renforcéiert kréien, well ee mer seet, e géif mech ëmbréngen oder nach eng Kugel an eng Waff

sichen - je vous passe les plus désagréables vun deene Saachen, déi ech déi lescht Deeg kritt hunn -, da soll ee just wëssen, dass déi Leit mir soen: „Haalt dach op mat deenen Impfungen! Mir hunn es genuch héieren. Mir wëllen näischt méi doriwwer héieren!“

Fir eis ass et wichteg, dass mer awer déi Leit, déi wëllen informéiert ginn, och weider informéieren, dass mer an de Schoulen elo zum Beispill mat den Impfbusser weiderginn, dass mer mat de Geme-nen zesumme kucken, Lokalitéiten ze fannen, fir d'Leit ze impfen. Mee d'Limitten am Respekt vun deem anere mussen och sinn, dass ech deem anere seng Positioun respektéieren an net direkt och an d'Demagogie, an d'Inakzeptanz, an d'Intoleranz, souguer heiansdo an den Antisemitismus a sou-guer an d'Diskriminatioun fannen, wierklech total ënnert der Gürtellinn.

Dat akzeptieren ech net! Fir mech ass dat net Li-berté de parole. D'Liberté de parole ass, dass ech mat Argumenter deem engen an deem anere seng Positioun akzeptéieren, awer net Argumenter ën-nert der Gürtellinn huelen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Une voix.** - Ass jo eng gutt Nouvelle.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir mech ass och den Debat iwwert d'Lag vun der Na-tioun e wichtigen Debat, an deem mer och eng déifgräifend Diskussioun mussen hunn iwwert déi verschidde Sujeten, an deem mer eeben och op d'Erausforderunge vun der Pandemie musse kom-men.

Hei si jo verschidde Leit, déi mer positiv ..., an ech fannen dat och gutt, well d'Opposition huet och positiv Punkte fonnt. Ech mengen, dat sollt een och ervirhiewen. Et sinn och konstruktiv Propose komm vun deem engen a vun deem anere Riedner. Woubäi Punkten och gesot gi sinn: „Hei, do musst Der vläicht nach elaboréieren.“ Dat ass esou, wéi e Land, mengen ech, och wierklech an enger Kris muss zesummestoen.

Ech hunn der e puer notéiert, wou hei zum Beispill virun allem iwwert d'sozial Mesurë vill Luef komm ass, ob dat d'Erhéijung vun der Allocation de vie chère ass, ob dat d'Reindexéierung vum Kanner-geld, d'gratist lessen an de Schoulen, d'gratis Mai-sons relais oder de gratis Museksunterrecht ass. An et soll een net vergiessen, dass dat schonn on-top kënn vu Mesuren, déi déi lescht Joren och ge-holl gi sinn, ob dat elo d'Erhéijung vum Mindestloun ass, d'Steierreform fir déi kleng a mëttel Revenuen, d'Afiere vu gratisse Schoulbicher an d'gratis Kan-nerbetreuung, de gratisen Transport, an ech kéint esou weiterfuere.

Fir dem Här Spautz ze äntweren, deen dat jo gesot huet bei de Kantinnen: Jo, mir hu Limitte gesinn, well mer och der Meenung sinn, dass a verschid-dene Fäll och dat Sozialt muss Limitten hunn. Mee et soll een d'Mëttelschichten net vergiessen. An ech insistieren dorop, well den Här Spautz huet du gesot, fënnemol, mee mir si bei véiermol bliwwen. Mee den Här Roth huet et och gesot: „Mir sollen an dësem Land och d'Mëttelschicht net vergiessen.“ Mir hunn eng grouss Mëttelschicht, déi ze vill huet, fir Saachen ze kréien, déi awer net genuch huet, fir sech Saache kënnen ze leeschten. An déi dierfe mer an der Politik net vergiessen. Mir dierfen net zouloossen, dass eng Mëttelschicht zukünfteg op eng Kéier eng schwaach Schicht gëtt, well si ver-giess ginn ass.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - Dat solle mer net vergiessen.

Dës Regierung brauch sech net de Reproche ma-chen ze loossen, dass se an der Sozialpolitik näischt gemaach huet. Ech mengen, mir hunn an deene leschten aacht Joer och ganz vill gemaach. Ech ginn elo net op de Rapport an, well de Moien erkläert eis den Här Galles, dass de Rapport ze in-terpretéieren ass an déi Richtung. Ech weess, wann elo de Statec gesot hätt, dass et sech verschlech-tert hätt, dann hätt ech de Reproche gemaach kritt: „Gesitt Der, dat ass d'Resultat vun Ärer Politik.“ Ech ginn elo net drop an. 2020 war nämlech eng extra Situatioun. An dat ass eeben och eng Realitéit. Mee fir mech ass et wichteg, dass mer weider zesumme fäerdegbréngen, fir déi Schéier och esou kleng wéi méiglech ze kréien.

Mir brauchen och eng Steuerreform. Déi Leit, déi be-haapten, mir hätten d'Steierreform op d'Calendes grecques repousséiert: Ech muss lech soen, Här President, et ass e grouse Prinzip. An ech muss lech soen, dass ech déi Leit net rasonabel fannen, déi soen, mir hätten elo sollen eng Steuerreform maachen. Eng Steuerreform maachen, andeem mer e Prêt mussen opheue goen, dat heescht Sue léine goen, fir eng Steuerreform ze maachen, déi jo net nohalteg ass, well eng Steuerreform muss jo kënnen bleiwen, dat ass jo net eng Steuerreform fir e One Shot, dat heescht, dass een emol net weess, wéi d'Evolution déi nächst Jore geet, an doduerch

dann e Prêt muss maachen, well een eng Steuerre-form soll maachen. Dat ass fir mech net dat, wat ech „eng rasonabel Politik maachen“ nennen.

Wann de Sputt do ass, soll eng Steuerreform kom-men. Si ass néideg! A mir sinn eis do alleguerten eens a mir verschlëssen eis och net dem Debat iwwer Steiermesuren, der Steierdiskussioun. Sou-guer hei an der Chamber soll déi jo och stattfan-nen. Do wäert d'Regierung och present sinn. Mee am Fong: Eng Steuerreform ze maachen op Kredit ass eng Hypothék op déi nächst Generatiounen!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - Jo. An ech muss lech och soen, dass d'Pan-demie ... Ech kréie gesot, d'Steierreform hätt net am Koalitiounsaccord gestanen. Jo, d'Pandemie stoung net am Koalitiounsaccord!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - Ech wëll lech just dorun erënnern. An ech si frou, dass mer déi néideg Investe gemaach hunn an dëser Zäit, fir déi Situatioun, déi mer elo hunn, och ze hunn.

Bei der d'Klimapolitik sinn - an do si mer eis eens an dat fannen ech och wichteg - wéineg Leit, déi soen: „Jo, Klimapolitik, c'est superfétatoire. Et ass net néideg, et ass d'Securitéit.“ Ech mengen, iwwer-all duerch d'Bänk si mer eis hei eens, dass d'Klima-politik ganz wichteg ass.

An dee Biergerrot: Hei ass och eng konkreet Fro ge-stallt ginn, ech mengen, och vum Här Galles. Et sol-len net déi organiséiert Leit sinn. Dee Biergerrot ass net do, fir dass do all Associatioun, déi ... Ech wëll net, fir elo spontan ze sinn, Greenpeace an de Mouvement écologique op där enger Säit hunn an d'Fedil op där anerer Säit hunn. Dat ass net de But vun deem Biergerrot!

De Biergerrot ass, dass honnert Leit erausgesicht ginn, déi representativ si fir eis Bevëlkerung. Dat heescht: tous les âges; schaffen, net schaffen; pen-sionéiert, net pensionéiert; Beamten, Privatbeam-ten; all Alter an all Situatioun; bestuet, net bestuet; mat Kanner, ouni Kanner. An déi sollen zesummen déi Diskussione féieren, mat au départ, dem PNEC. Wou si mir bereet weiderzegoen, wann d'Re-sultat duerno ass: „Et gëtt net méi, dann ass et dat“?

Mee wann awer d'Leit soen: „Hei, kommt, mir hu méi Ambitiounen. Kommt, mir ginn do nach wei-der“, solle mer heiriwwer kënnen diskutieren. An dat ass eeben de Wunsch, dee mer hunn, dass et net vun uewen erof kënnt a gesot gëtt: „Et ass esou“, mee dass vun ënnen erop Iddie kommen, och vun de Bierger, déi soen: „Kommt, mir paken nach eng Hand mat un a mir ginn och nach weider. A mir sinn der Iwwerzeugung, dass dat heiten och ganz wichteg ass.“

Beim Logement sinn ech wierklech der Meenung, dass mer do een deem anere keng Scholdzouwei-sunge solle maache fir ze soen: „Dat ass déi viereg Regierung, dat ass déi nächst Regierung, et ass dës Regierung, et ass déi Regierung virdrun.“ Mir sollen och virun allem evitéieren, elo an eng Situatioun ze kommen, wou mer soen: „Et sinn d'Gemengen an et ass de Staat an et ass d'SNHBM etc.“, etc.“

Also ech wëll fir d'éischt op déi Zuel vun 8.200 Wunnengen zrëckkommen, déi ech annoncéiert hunn a op déi den Här Roth och insistéiert huet. Et ass richtig, dass déi och wäerte gebaut ginn. Mee méi richtig ass et, och ze preziséieren a men-ger Ausso, dass mer hei bis 2025 och nei Konven-tiounen mat Promoteuren ënnerschreien. Wann eng Konventioun bis ënnerschriwwen ass, kréie mer d'Garantie, dass och séier gebaut gëtt.

Ech krut hei zum Beispill och d'Fro gestallt: „Wéi ass dat mat der Grondsteuer? Wat kënnt Der eis soen?“ Mir hunn elo den Här Gramegna, den Här Kox an d'Madamm Bofferding gefrot, fir dat zesum-men auszeschaffen. Mir ginn lech d'Garantie, dass bannent deenen zwielef Méint mat där Diskussioun, déi jo heibanne soll stattfannen, en Text soll depo-séiert ginn.

Ech krut gëschter d'Fro gestallt: „Mee wéini gëtt et da gestëmmt?“ Dir wësst, et gëtt Prozeduren. An ech soen och - well mir luewe ganz vill d'Chamber fir d'Aarbecht, de Conseil d'État, deen déi lescht Wochen a Méint och an engem TGVs-Tempo huet musse schaffen -, dass mer déi Punkten och hei hunn. Dat heescht, fir mir haut ze soen: „Wéi gesäit dat aus mat der Grondsteuer? Wéi gesäit dat aus mat der Spekulationssteuer?“. Mir wëllen do fir d'éischt och mat den Acteuren diskutieren, fir dass een och do déi richtig Decisiounen kann duerno proposéieren.

Et sinn nach zwee, dräi Punkten, op déi ech wollt agoen, Här President. Deen éischten ass dee vum 5G, well als Digitalisationsminister ass dee mer selbstverständlech net onwichtig. Mee ech wëll lech awer soen, dass mer, dës le départ, hei net eng Course haten, fir dat éischt Land ze sinn, dat 5G hat.

Jo, ech stinn dozou als 5G-Minister, Telekommu-nikationsminister, dass mer zesumme wollte mat der Santé, zesumme mat der Ëmwelt déi néideg Krittären hunn, fir och déi Garantie ze hunn, déi wichteg sinn, fir dass d'Leit och rassuréiert sinn. Et gouf nach ze vill Froen vun de Leit, déi op waren, fir einfach ze soen: „Et ass eis egal.“ Mir wollten do In-formatiounscampagnen, mir hunn do och Proze-dure gemaach, mir souze souguer an der Chamber, nach am Cercel, zesumme mat Petitionären.

Ob et elo richtig oder falsch war, fir eis war et wichteg, dass een déi Mesuren hëlt, bei deenen net nëmmen e Wirtschafts- oder en Telekommu-nikationsminister do sëtzen, fir ze soen: „5G ass virun allem e Wirtschaftsfacteur“, mee dass och en Ëm-weltministère do sëtzt an och e Santéministère do sëtzt, fir de Leit ze soen: „Wa mer dat dote ma-chen, maache mir et mat lech.“ Et geet hei net nëm-men ëm d'Wirtschaft oder d'Digitalisatioun, et geet och ëm d'Ëmwelt an d'Gesondheet. An et kann een net d'Gefill ginn, wéi wann op eng Kéier Wirtschaft an Ekonomie op där enger Säit an Ëmwelt a Santé net géife beienepassen.

Da wier, mengen ech, d'Akzeptanz bei de Bierger vill méi kleng gewiescht. An dowéinst huet et vläicht och méi laang gedauert bei deem engen oder deem anere Punkt, mee ech si frou - an ech soen dat, wéi ech et virdu gesot hunn -, dass konstruktiv Saache vun der Opposition komm sinn. Ech kéint haut net op deem sëtzen, wat ech hunn am Digitalen an am 5G, wann och e gewësse Loulou Schiltz net eng Zäitchen déi Efforte gemaach hätt, fir och an déi In-frastrukturen deemools ze investéieren, déi och net jiddweree verstanen huet. Jo, dat muss ee wëssen!

Also dowéinst, et ass e Fait, ech hunn och déi Metapher gebraucht, wou verschidde Leit mer d'Fro gestallt hunn: „Wéi ass dat?“ Jo, wa mer déi Lächer wëllen zoumaachen, wou kee Reseau ass - dat sinn déi White Spots -, da musse mer nei Lächer opmaa-chen, eebe fir de Kabel duerchzeféieren. Lächer zoumaachen, andeem mer nei Lächer opmaachen. Deen een oder deen aneren huet mer nach d'Fro ge-stallt: „Wéi mengs de dat mat de Lächer?“ Dowéins-ter soll dat och kloer sinn.

Iwwert den Dialog an d'Tripartite: Ech wëll, an ech insistéieren, net falsch verstane ginn. Ech si mer bewosst, wéi wichteg eng Tripartite ass, wéi wich-ter eng Dialogue social ass. A mir haten nach gës-chter eng Reunion zesumme mat de Gewerkschaf-ten, an där de Finanzminister hinnen de Budget pre-sentéiert huet. Fir mech dierf een awer och net d'Tripartite denaturéieren. D'Tripartite ass e Krisen-instrument, wann eng Situatioun um Aarbechts-maart oder an der Wirtschaft entsteet, déi wierk-lech eng gemeinsam Äntwert brauch.

Mir hunn e Conseil économique et social, dee wich-teg ass. Mir hunn där bilateral Reunionen, mir hunn de CPTE, an ech kéint der nach opzielen. Ech hunn lech gesot: Iwwer 100 Reunionen hate mer. De Fait ass, wann ech muer zum Beispill gesot kréien, d'Gewerkschafte wéilten zum Beispill iwwert d'Klimapolitik mat eis schwätzen, mee wéi soen ech dann engem Mouvement écologique oder en-ger Greenpeace oder iergendenger anerer Associa-tioun: „Nee, ech negociéieren dat mat de Gewerk-schaften an net mat lech?“ Mir hu Plattformen, op deene mer zesummen driwwer diskutieren. Ech mengen, souguer dës Woch hunn d'Gewerkschafte sech geiergert, dass se net genuch géife mat age-bonne ginn an enger Plattform, déi och um Niveau vum Ëmweltministère lancéiert ginn ass.

Dowéinst soll een net d'Tripartite als Ronn ..., an där een zesummekënn an iwwer Allméiglechens ze-summen diskutiert. Dat wier dat Schlechtst, wat mer kéinten hunn. Mee mäi Büro ass ëmmer op, an ech mengen, de Kontakt mat de Gewerkschaften ...

A wann ech d'Kollegen hei iwwer kucken, ob dat den Dan Kersch ass, dee mat de Gewerkschaften a permanentem Kontakt ass, ob dat den Här Delles ass, dee mat senge Gewerkschaften, mat der Hand-wierkerfederatioun oder mat der Horesca déi lescht Méint méi wéi diskutéiert huet, oder den Här Bausch, deen, ob dat op där enger Säit mat der Arméi oder op där anerer Säit mat der Gewerkschaft oder och mat de Representantë vun den Interëte vun den ..., al-les, wat gebaut gëtt, a wéi et soll gebaut ginn, an der Luxair méi wéi genuch, also och an Transportwie-sen, mat de Sozialpartner diskutéiert huet ...

Dowéinst gleewen ech kaum, dass een engem e Reproche ka maachen, dass dës Koalitioun keng Loscht hat ze dialogéieren. Mee et soll een net Ali-biversammlunge maachen, just fir der ze maachen an dann ze soen: „Elo maache mer eng Tripartite. Firwat? Ma well wa mer eng Tripartite maachen, dann ass jiddwereen zefridd.“ Nee! Et muss och préparéiert ginn a mir hu jo och wëlles, awer eng nach ze maachen d'ici la fin de l'année. Obwuel ech legal keng Obligatioun hunn, wëll ech se einfach maachen, fir och en Topo ze maachen iwwert dat, wat déi lescht Méint war.

An da muss ech deen een oder deen aneren heiban-nen enttäuschen, Här President. Verschidde Leit mengen, mir hätte keng Loscht méi. Verschidde Leit mengen, no aacht Joer wier ...





**(Interruption)**

... d'Energie fort an d'Loscht eraus. Ech kann lech just soen, wa mer de Budget kucken, dee mer gëschter presentéiert hunn, an déi Ried zur Lag vun der Natioun, déi ech virgëschter gehalen hunn, kann ech just soen: Do ass nach fir déi nächst 24 Méint esou vill Aarbecht, déi mer hunn. Do ass nach esou eng Motivatioun. Do ass nach esou eng Loscht fir zesummeschaffen. An ech kann iech soen, mir schaffe weider all Dag dofir, datt jiddwereen hei am Land gutt liewe kann. An dat ass déi Maxim, déi mir eis déi lescht aacht Joer ginn hunn.

An zu der Pandemie: Mir wëssen, dass d'Pandemie eng Situatioun war, an där déi mënschlech Kontakter, och bei eis, muss ech lech zouginn, gefeelt hunn, dass mer kee Regierungsrot méi haten, an deem mer eis konnte gesinn, an eis och esou gefreet hunn, wéi Dir hei déi éischt Sitzung hat a wou mer nees konnten zesummekommen.

Op jidde Fall kënn Dir probéieren, wat Der wëllt - fir déi, déi mengen, mir hätte Problemer ee mat deem aneren -, mir loossen eis net auserneendriewen! D'Motivatioun, d'Energie an d'Loscht, dëst Land weider no vir ze bréngen, déi sozial Ongerechtegkeeten ze minimiséieren, ze probéieren, d'Leit weider kompetitiv ze halen, ass déi Motivatioun, déi mer all Dag hunn, wa mer moies opstinn. An et wäert keen heibannen et fäerdegbréngen, dat opzehalen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

**(Brouhaha général)**

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och dem Här Staatsminister.

**(Brouhaha)**

Domat wäre mer um virleefegen Enn vun eisem Débat sur l'état de la nation oder zur Lag vun der Natioun ukomm. A mir sinn nach saiséiert mat enger Rei vu Motiounen an enger Resolutioun. An esou, wéi ech dat gesinn, géife mer mat der Resolutioun ufänken. Ass dat esou och de Wonsch vun der Chamber?

**(Assentiment)**

**Résolution 1**

Et ass déi Resolutioun, déi vun der ADR, vum Här Fernand Kartheiser, abruecht ginn ass. Sinn dozou Wuertmeldungen? Ech mengen, den Här Kartheiser huet se erkläert. Wie wëllt d'Wuert dozou? Den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Jo. Merci, Här President, fir d'Wuert. Mir hunn eis eng Prozedur ginn, wéi mer déi Verfassung hei wëllen adaptéieren un d'Aktualitéit. Mir hunn do véier Kapitelen an där Gesetzgebung. An do ass festgehal e ginn, dass mer déi Kapitelen dann och separat an der Chamber debattéieren an allkéiers duerno en éischte Vott maachen.

Deen éischte Vott, dee mécht natierlech net, dass verschidden Aktiounen duerno net méi méiglech sinn. Dee mécht u sech, dass verschidden Aktiounen duerno kënnen geschéien. An dofir géife mir och déi heite Prozedur bäibehalen, déi mer zesummen hei festgehalen hunn.

Merçi.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci dem Här Engel. Den Här Clement.

■ **M. Sven Clement** (Piraten).- Merci, Här President. Ech muss soen, datt dat, wat den Här Engel seet, engersäits richtig ass, op där anerer Säit awer eppes omettéiert, nämlech datt duerch d'Splécken a véier eenzel Votten, déi zu véier ënnerschiddlechen Datumer stattfannen, domadder och de Compte à rebours, fir Ënnerschrëften ze sammelen, véiermol gestart gëtt an och véiermol d'Demande un d'Citoyenen da wär, fir op d'Gemeng ze goen. Vergiesse mer net: Fir e Referendum zur Verfassung ze froen, ass et net wéi fir eng Petitioun an der Chamber, wat ee kann online maachen. Et muss een tatsächlech op d'Gemeng goe während den Öffnungszäite vun där Gemeng, wat also an all Gemeng ënnerschiddlech gehandhaabt gëtt. D'Leit muss se dohinner déplacéieren. Si hunn net onbedéngt ëmmer Zäit, fir dat ze maachen. An deementsprechend wär et schonn eng immens Erliichterung fir eng Campagne, déi et géif probéieren, fir e Referendum ze froen.

Mir sinn als Piraten e Fan vun enger Biergercampagne, déi sech géif fir e Referendum setzen, fir ze soen: Ma mir regroupéieren déi véier Votten, fir et esou ze erméiglechen, nëmmen eemol mussen ze mobiliséieren, anstatt véiermol. Dat wär am Intérêt vun enger Biergerbedeelegung, amplaz hei mat artificielle Hürden, andeem een et da véiermol opdeelt, ze soen: „U sech kënn Dir, u sech dierft Dir.“ Reng rechtlech, de jure, ass et méiglech, mee in fine ass et quasi onméiglech, fir véiermol 25.000 Leit während den Öffnungszäiten op d'Gemengen ze kréien. Dofir wäerte mir dat heite matdroen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och dem Här Clement. Weider Wuertmeldungen zu der Resolutioun? Den Här Kartheiser, dee sech d'Wuert freet an deen et kritt.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, villmools merci. Wa lo keng weider Wuertmeldunge sinn, wëilt ech just zwee oder dräi kleng Kommentare maachen.

Deen éischten ass - den Här Clement huet dat jo elo exposéiert an dat war eng vun zwou Ursachen, firwat mer proposéiert hunn, datt déi véier Votte sollten op engem Dag gemaach ginn - ganz einfach, well dat eng Form vu Respekt virun de Wieler ass a vun deene Prozeduren, déi am Artikel 114 vun der Verfassung virgesi waren.

Dat zweet Argument, wat mer bruecht haten, ass jo, datt grad eng Petitioun leeft, déi elo scho vun iwwer 6.000 Leit ënnerschriwwen ginn ass. An hei gëtt u sech eng Prozedur geholl, ouni iwwerhaapt déi aner unzelauschteren. Dat sinn awer méi wéi 6.000 Leit, déi hei ënnerschriwwen hunn an déi awer elo hei e Signal gesat kréie vun deene véier responsabele Parteien fir déi Reform hei, datt eigentlech hir Meeung, an dat ass jo och en Ausdruck vun demokratescher Kultur, déi se hei an der Chamber verrieden, emol net gelauschtert gëtt, bis déi Parteien hei déi Prozedur aleeden.

Ech mengen, et hätt näischt kascht, fir fir d'éischt déi Auditioun ze maachen an duerno dann, wann dat nach gewënscht gewiescht wär vun deene véier Parteien, deen éischte Vott ze huele vum éischte Kapitel vun der Verfassungsreform. Et ass en Zeeche vun Desintérêt. Et ass fir déi 6.000 Leit, mengen ech, en direkten Affront.

Mee, wat elo, mengen ech, awer och sollt gesot ginn, datt ass, datt ech u sech eng Fro un déi véier Parteien hunn, wéi si sech da virstellen, wéi d'Vetraue vun der Effentlechkeet sech entwéckelt iwwert déi nächst Méint, wann dat do ëmmer erëm virkënn, wann et ëmmer erëm weidergeet, wann ëmmer erëm déi selwecht Situatioun opkënn. Also, fir all déi Leit, déi hei vun demokratescher Kultur schwätzen, vu Respekt virun der Demokratie, vu wierklech allméiglechem Luef, dee se fir déi Lëtzebuerger politesch Kultur hunn, ech mengen, datt een dann awer misst eng ganz aner Approche hu vis-à-vis vun de Wieler wéi dat, wat mer hei gesinn.

Hei gëtt einfach op stuer geschalt. Et ass eemol esou festgeluecht ginn. Et ass eemol ënnert deene véier Parteien eng Prozedur festgeluecht ginn. Elo gëtt déi duerchgezunn, egal wéi d'Entwécklung an der breeder Gesellschaft ass, egal wéi d'Diskusioun leeft. Ech mengen, datt dat eiser Demokratie net guttdeet. An dat ass wierklech méi wéi bedauerlech.

Merçi.

**(Interruption)**

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Keng weider Wuertmeldungen? Da géife mer zu der Ofstëmmung iwwergoen.

**Vote sur la résolution 1**

De Vott fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen.

Dann d'Procuratiounen. Sidd Der mat de perséinleche Stëmmen duerch? D'Procuratiounen.

Ech hunn alle 60 registréiert. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer. A mir hunn: 8 Jo-Stëmmen an 52 Nee-Stëmmen. Domat ass d'Resolutioun ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Martine Hansen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

**Motions**

Da géife mer zu der éischter Motioun iwwergoen, déi och vun der ADR abruecht ginn ass. Wie wëllt dozou Stellung bezéien? Den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Merci, fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, wann et lech esou geet wéi mir - de Bauch fänkt un ze grommelen - a wann den Här President domat averstane wär, géif ech direkt zu deene véier Motiounen schwätzen.

■ **Plusieurs voix.** - Jo.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Ass dat ok?

■ **Plusieurs voix.** - Jo.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Gutt. Merci.

Zu der éischter Motioun: Ech muss bei där e bëssen aushuelen. Mir sinn an enger finanzpolitescher Situatioun, an där mer Defiziter maachen. Steiererhéijunge wäre kontraproduktiv a Steiererlichterunge kënnen mer eis am Moment och net leeschten a mir wëllen och keng Steuerreform maachen, bei där mer Sue misste léine goen. Also, wéi gesot: Am Moment ass kee Sutt do.

Wat d'ADR hei proposéiert, ass wierklech net sozial selektiv. Et ass awer grad dat, wat mer brauchen, eng selektiv Sozialpolitik, déi och wierklech bei de Leit ukënn. Mir hunn an de leschte Jore grouss Efforte gemaach, fir grad déi Leit, déi an den Invitten 2 an 3 viséiert sinn, ze entlaaschten.

Mir si selektiv virgaangen, och an der Steuerreform 2017 iwwert de Crédit d'impôt, fir déi kleng a mëttel Akommesse considerablement ze entlaaschten. Alleguerten déi Saachen an der Sozialpolitik, déi mer gemaach hunn iwwert déi lescht Joren, wëll ech net nach eng Kéier opléischen, well de Premierminister dat elo just gemaach huet, an och déi Mesuren, déi elo kommen: d'Reindexéierung vum Kannergeld, fir nëmmen dat ze nennen, d'lessen an de Schoukallenteen, dat elo bis zu engem gewësse Seuil fir d'Leit gratis gëtt. Wat ech ganz gutt fanen: dass d'Kanner och da wierklech mëttes kënnen eng waarm Molzecht zou sech huelen.

Alles dat si Mesuren, déi d'Leit wäerten entlaaschten, ouni dass mer awer un de Steuerbarème ginn. An d'Leit hunn awer de facto méi Suen an der Täsch, well et Saachleeschungen sinn. Wat wichtig ass an der Sozialpolitik, ass e gewëssen Equilibre tëschent de Geldleeschungen, wéi hei d'Erhéijung vun der Allocation de vie chère, an awer och de Saachleeschungen, op déi ech net méi wëll zrëckkommen.

Voilà, all déi Mesuren, déi mer geholl hunn, an all déi Mesuren, déi elo ab dem 1. Januar och wäerte spillen, komme grad do un, wou et am meeschte gebraucht gëtt. Dat soziaalt Netz gëtt also méi staark gemaach, gëtt ausgebaut. An dofir géif ech och menger Fraktioun proposéieren, d'Motioun Nummer 1 net ze stëmmen.

Zu der Motioun Nummer 2 muss ech soen, dass ech relativ iwwerrascht sinn iwwert déi Motioun, well mir hunn e Bankgeheimnis hei zu Lëtzebuerg fir d'Residenten a fir eis stellt sech iwwerhaapt d'Fro emol net, fir dorunner fréckelen ze goen. Et steet och näischt am Koalitiounsaccord, dat och nëmmen eng Undeutung an déi dote Richtung kéint sinn. Eis Legislatioun gesäit all déi néideg Moossnamen, déi hei gefuerdert ginn, vir. An dofir géif ech och hei menger Fraktioun virschloen, déi Motioun net matzedoen.

An der Motioun Nummer 3, do geet et ëm d'Kannergeld. Dir hutt matkritt, dass mer d'Kannergeld den 1. Januar erëm reindexéieren. Dat ass eppes, wat mer am Koalitiounsaccord stoen hate fir d'Enn vun der Legislaturperiod. Mir kënnen dat elo quasi zwee Joer no vir zéien. Déi dräi Méint Oktober, November, Dezember ginn den 1. Januar mat an d'Kannergeld agerechent. Dat heescht, d'Eltere verléieren näischt. Dofir géif ech och proposéieren, dass mer déi heite Motioun, déi awer, mengen ech, ganz staark iwwerzunn ass, net unheule sollten. Ech wäert op alle Fall menger Fraktioun proposéieren, do dergéintzestëmmen.

An der Motioun Nummer 4 geet et ëm d'Recommandatiounen fir en Antisemitismus-Coordinateur. Do gëtt et eng Äntwert op eng Question parlementaire vum Här Fernand Kartheiser vum 23. Abrëll. Mir sinn hei an engem Prozess. Ech géif soen, et ass „work in progress“, dat, wat Der hei frot. Dat ass och an der Äntwert den 23. erauskomm, ass amgaangen, gekuckt a gemaach ze ginn. Dofir géif ech och hei proposéieren, déi Motioun net ze stëmmen.

Eng ganz kleng lescht Informatioun wëilt ech awer dem Här Kartheiser mat op de Wee ginn. Den Här Kartheiser huet gëschter e Bild gemoolt vun eiser Finanzplaz, déi amgaange wär, zrëckzegoen. Ben, ech muss soen, Här Kartheiser, am „Lëtzebuurger Wort“ stoung, „Finanzplatz Luxemburg auf Rang 14“. Ech liesen lech just eng Zeil vir: „Luxemburg belegt Platz 14 der internationalen Rangliste und konnte sich damit im Vergleich zum Vorjahr um vier Plätze verbessern.“ Et ass also net esou, wéi Dir et

gëschter gesot hutt. Ech wëll dat hei kloerstellen. Et ass och mengem Fraktiounskolleeg André Bauler ganz, ganz wichtig, dass ech dat hei soen. Also, mir hunn eis net verschlechtert. Mir hunn eis ëm véier Plaze verbessert. Och wa mer Punkte verluer hunn. Awer vun deene 25 wichtigste Bankeplazen hunn 23 Bankeplaze Punkte verluer.

An, fir ofzeschléissen, huet den Här Bauler mer mat op de Wee ginn, ech sollt lech nach eng Kéier drun erënneren, dass mer an der Green Finance déi éischt Finanzplaz an Europa an déi zweet Finanzplaz op der Welt sinn (veuillez lire: déi zweet Finanzplaz an Europa an déi fënneft Finanzplaz op der Welt sinn).

Merçi, dass Der lech Zäit geholl hutt.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och dem Här Baum. A vun engem Gilles zum aneren, dës Kéier de Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Ech soen der ADR-Fraktioun Merci fir déi zwou Motiounen, déi se agereecht huet. Déi éischt ass déi iwwert d'automatesch Upassung vum Steuerbarème un d'Inflatioun. Do gëtt nach dra gefuerdert, fir den éischte Sockel vum Barème esou opzestellen, dass de Mindestloun - doriwwer hate mer gëschter jo d'Diskussioun - sollt steierbefreit sinn. An den drëtte Punkt ass deen, dass de Steuer-Fräibetrag fir alengerzéiend Elteren - et geet also ëm d'Steierklasse 1A - vun engem Abatement an e Steierkredit ëmgewandelt géif ginn.

Zu deem éischte Punkt - automatesch Upassung vun der Stiartabell un den Index: Also, mir späizen eis net op de Kënn, wéi mer dat um Duerf géife soen, well ech war selwer Rapporteur ënner enger Schwarz-Rouder Koalitioun, 2012, mengen ech, wéi den Artikel 125 aus dem Steiergesetz erausgeholl ginn ass. Ech wëll awer soen, dass et ënner successive Regierungen - ech hunn dat de Moien och a mengem Riedebäitrag gesot -, souwuel Juncker/Asselborn wéi Juncker/Polfer, ëmmer esou war, dass ee gekuckt huet, wéi grouss d'Inflatioun war, an dass een dann, a reegelméissegem Ofstänn, loosse mer soen, dräi oder véier Joer, an enger Steuerreform, déi komm ass, de Leit dat zrëckginn huet, an oft souguer weider. D'Madamm Polfer weess dat.

2001 an 2002 war dat, wou mer de Steierspëtzesaz souguer erofgefuer hate bis 38 %. An et ass och sengerzäit gesot ginn, no der Bankekris: „Mir huelen dat eraus.“ Mee et sinn Entlaaschtungen komm 2011 vu praktesch 9 %. Dat heescht, déi Inflatioun, déi d'Revenuen opgefriess huet, déi ass ëmmer duerch eng Steuerreform ausglach ginn.

Deen zweete Punkt ass deen, de Sockel vum Barème esou opzestellen, dass de Mindestloun fir d'Gesamtheit vun de Bierger steierfräi bleift. Ech mengen, dass Leit, déi wierklech op dem Mindestloun sinn, ech ginn dervun aus, dass et en onqualifiéierte Mindestloun ass, déi eng Famill hunn, déi an der Steuerklasse 2 sinn, dass déi duerch verschidden Ofzéibarkeeten, déi souwisou direkt sinn, zum Beispill bei den - wéi heescht dat op Däitsch, Frais d'obtention? -, ...

■ **Une voix.** - Werbungskosten.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- ... bei de Werbungskosten, dass déi dann ënner e Montant falen, wou een iwwerhaapt Steiere bezitt.

Et ass awer eng Fro, déi een och eethesch muss beliichten: Ass et gerecht, dass de Staat Leit, déi op deem Seuil schaffen, seet: „Ënnert deem kann een net lounbréngend schaffen, well ee soss villes net bewerkstellige kann?“ Och déi Leit, déi liicht iwwert dem Mindestloun sinn, hunn et jo net einfach bei eis am Land.

Ech géif proposéieren, als Kompromëss, dass ee géif déi heite Motioun an d'Finanzkommissioun verweisen, well et och mol eng Kéier wichtig wier ze wëssen, fir d'ganz Chamber an och fir d'Land: Wat ass iwwerhaapt de Steuerdecht, dee géif ufalen, wann een de Mindestloun och fir Jonggesellen oder Celibatairé géif steierbefreit maachen? Ech mengen, dat ass e Chiffer, ech weess en net, ech weess och net, ob en esou duergerechent ginn ass ...

**(Brouhaha)**

... vun der Regierung, dat weess ech net, mee et ass awer eng interessant Fro, dass jiddwereen, en connaissance de cause, eng Kéier do kéint driwwer ofstëmmen. Dat wier op jidde Fall an där Hisiicht eis Propos.

Wann d'ADR net domadder d'accord wier a géif drop halen, fir se ofgestëmmt ze kréien, da géif d'CSV-Fraktioun sech hei enthalten. Well et wier och net korrekt, wann ech de Moie gefrot hunn, dass ee géif de steierbefreite Montant, also dee Montant, ab deem een iwwerhaapt Steiere bezitt, wou mir gefuerdert hunn, en an d'Luucht setzen, wa mir da géife soen: „Géint dat hei stëmmen mer dergéint!“ Duerfir géif ech d'Chamber a virun allem d'ADR froen, ob se domat d'accord sinn, fir déi heite Mo-





tioun an d'Chamberskommissioun vun de Finanzen ze verweisen.

An Dir wësst, et ass de Moien och vun dem Premier drop higewisen ginn, dass jo déi Debatt nach usteet, déi Orientéierungsdebatt iwwert d'Ausgesi vun der Steuerlandschaft, wou den Här Bauler, President vun der Finanzkommissioun, a meng Wéinegkeet Korapportere sinn, an da kéint een déi dote Fro zesumme mat der Steierverwaltung beliichten.

An dann ...

■ **Une voix.**- Vun eis aus gär.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Ma dann hätte mer dat. Also, mir géifen d'ADR an deem Sënn ënnerstëtzen. Wann dat och vun de Majoritéitsparteien esou gewünscht wier, dann hätte mer déi dote Positioun festgehalten.

An dann deem zweete Punkt ass déi Motioun zu dem Bankgeheimnis. Do soen ech awer ganz kloer, do sti mir derhannert! Mir hunn dat de Moie gesot: „Mir wëllen net de glieserne Bierger!“ Ech hat lech och de Moie gesot, dass et net dorëm geet, nëmmen d'Avoire vun de Leit ze kennen, mee wann ee bis Accès zu de Konten huet, dann huet een och indirekt den Accès zu den Depensen. An do soen ech lech ganz kloer: Dat wëlle mir net! An ech ginn och dervun aus, dass mat allen eetheschen a Sozialgerechtegkeetsdiskussiounen de Gros vun de Lëtzebuerger an de Leit, déi hei wunnen, dat och net wëllen.

Mir sinn e klengt Land, ech soen et nach eng kéier, an do huet een och e Recht op eng Privatsphär. A mir géifen duerfir soen: Wann déi heite Motioun zur Ofstëmmung kënn, an ech gesinn, dass dat soll de Fall sinn, stëmmt d'CSV déi mat.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci gesot. Dann hunn ech, jo, ech wiesselen dann e bëssen of, ech huelen den Här Bauler an dann den Här Clement.

■ **M. André Bauler (DP).**- Jo. Merci, Här President. De Gilles Roth huet et elo just gesot: Ech mengen, datt et richtig a wichteg wier, fir am Kader vun eise Débat fiscal déi hei Fro, notament, wat den Déchet fiscal ugeet, concernant d'Besteuerung vum Mindestloun, an deem Kontext ze diskutéieren. Da géife mer och eng kéier mat der Direktesch vun de Contributions directes - déi souwisou nach eng kéier kënn, well mir hate jo ofgemaach, si nach eng kéier ze invitéieren, well gesot gi war, d'Kolleginnen an d'Kollege sollen eng Rei Froe sammeln, déi si spezifesch nach hätten zu der direkter Besteuerung - dann déi hei Fro matbehandelen, dat ass dann e gudder Wee.

Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci och. Dann den Här Clement. An hei ass en.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Ech schwätzen och direkt zu deene véier Motiounen, fir et e bëssen ze beschleunegen.

Déi éischt Motioun, mengen ech, ass eis ganz sympathesch, wat déi dräi Fuerderunge sinn, well déi dräi Fuerderunge stinn an där enger oder anerer Form an eise Walprogramm. Just fir eng kéier ze soen: Ech mengen, d'Upassung vum Steuerbarème, d'automatiséiert Upassung vum Steuerbarème, ass eppes, wat u sech eng kal Progressioun soll verhënnern. An dat ass einfach an der Vergaangenheet net gemaach ginn, soudatt all Indextranche derzou féiert, datt d'Leit potenziell an e méi héije Barème falen. Dat gehéiert gestoppt, well grad déi niddregst Salairé sinn déi, déi am stärksten dovunner betraff sinn.

Dann, deem éischte Sockel vum Barème esou opzestellen, datt e steierfräi wär fir de Mindestloun, do muss ech ganz éierlech soen: Ech kann den Déchet fiscal dovunner net aschätzen! Dofir sinn ech frou, wa mer dat an der Kommissioun diskutéiere kënnen. Mir Piraten plädéieren iwwregens do fir eng, fir de Staat zumindest, akommesneutral Léi-sinn. Nämlech, wa mer dat bei deenen niddregsten Salairé steierfräi maachen, wat absolutt sollt sinn, fir datt mer endlech d'Leit, déi de Mindestloun verdéngen, och aus dem Aarmutrisiko erauskréien, da muss een déi Suen eebe bei déi siche goen, déi als Celibataire méi wéi 200.050 Euro verdéngen, déi haut nämlech um héchste Seuil sinn, oder als Kop-pel méi wéi 400.050 Euro d'Joer verdéngen. Ech mengen, déi Leit, déi de Mindestloun verdéngen, verdéngen et, entlaascht ze ginn, an déi, déi ech elo grad genannt hunn, do kann ee roueg nach e kleng Prozentpinktelche méi siche goen. Mee vu datt de Montant net ofzeschätzen ass, freeën ech mech op en Debat an der Kommissioun.

De Steierfräibetrag fir alengerzéiend Elteren als Steierkredit anstatt Abatement féint eis Ennerstëtzung.

Zur Motioun 2, jo, do kréie mer elo erëm gesot: „Dat ass net geplangt.“ „Dës Regierung steet fir Date-

schutz.“ „Dës Regierung steet fir d'Bankgeheimnis.“ Ma wou hunn ech dat iwwerall schonn héieren?! Et ass deem zweete Koalitionsaccord, wou drasteet: „Mir schafen déi Vorratsdatenspeicherung of oder mir evaluéiere se.“

Fakt ass: D'Cour de justice européenne huet lech zweemol, dräimol gesot: „Déi Vorratsdatenspeicherung ass géint d'europäesch Texter.“ Dir maacht et weider! Dir tracéiert weiderhi jiddwereen, deem telefonéiert. D'Justiz huet kee Problem domadder, fir a politesch geluedene Fäll bei Leit, déi nëmmen indirekt bei de Fäll als Zeie betraff sinn, ganz E-Mail-Postfächer confiscéieren ze goen, fir do eng Confirmatioun vun enger Zeienausso dran ze sichen. Ech trauen lech net méi dobäi, esou einfach ass et!

(Brouhaha)

Dofir stëmme mer déi Motioun hei mat.

An, ganz éierlech, eng Motioun hei ze stëmmen, ...

(Brouhaha)

... huet souwisou, ...

■ **Une voix.**- Mäi léiwe Sven!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- ... huet souwisou ...

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Mir trauen lech ...

(Brouhaha)

Mir trauen lech, am Géigendeel, ganz vill zou. Dat ass dat, wat elo hei, ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo, ech trauen lech ...

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- ... dat mierkt een elo hei an Ären Aussoen, ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Et ass gutt, datt Dir scho quasi Är Demissioun ginn hutt.

(Brouhaha)

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- ... zu wéi engen Aussoen Dir hei op der Tribün fäeg sidd.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Sou, wannechglift, ...

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Dat seet alles!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- ... mir kommen erëm vun alle Säiten zu engem normalen Toun hei zrëck.

■ **Une voix.**- O!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Dës Regierung ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Well soss muss ech den Toun och hiewen.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Dës Regierung huet rezent confirméiert, eng Motioun vun dëser Chamber net wëllen ëmzesetzen, eng Motioun, déi hei unanime, wann ech mech richtig erënneren, gestëmmt gouf. De Minister sëtzt heibannen. Den Här Bausch kann eis jo soen, wat e vu Motiounen vun dësem héijen Haus hält. Manifestement trauen ech souguer méttlerweil der Regierung zou, datt se Motiounen, déi hir eege Majoritéitspartei gestëmmt hunn, net méi ëmsetze wëllt. Bref, dofir wäerte mir déi Motioun hei stëmmen, well ech trauen dëser Regierung zou, datt se dat do abuséiere géif.

Bei der drëtter Motioun sinn d'Käschten net ze iwwerblécken. Dofir wäerte mer eis do enthalen, ausser mir géifen et och an der Kommissioun nach eng kéier am Detail diskutéieren. Ech sinn éierlech, ech kann dat finanziell net ofschätzen. An da kann ech et och net stëmmen. Et ass eis ganz sympathesch, mee mir kënnen dat esou net stëmmen.

An déi véiert Motioun kënnen mer stëmmen. Dat ass erëm esou eppes, wou d'Regierung da seet: „Et ass superfetatoire, well et kënn jo souwisou schlussendlech.“ Ech hunn et elo grad exposéiert: Dës Regierung versprécht viles, hält dovun ganz wéineg. Dofir stëmme mer dat.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Dann hunn ech d'Wuertmeldung ...

■ **Une voix.**- Net déck!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- ... vum Här Spautz.

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Merci, Här President. Ech wollt just eppes soen zu der Motioun Nummer 3. Bei der Motioun Nummer 3 - eise Projet de loi hat gesot, mir hätten et gär op den 1. Januar 2019 - steet elo dran: zanter 2006. Do ass och eng grouss Fro: Wat ass dat finanziell? Dat misst een am Detail rechnen. Ech wier der Meinung, et wier gutt - mee den Här Baum huet scho virdun Nee gewonk -, wann een déi Motioun géif an d'Kommissioun huelen.

Wann dat souwisou diskutéiert gëtt, kéint ee kucken, ob een net seet: 290. Mee da muss een awer finanziell genau kucken, wat dat bedeit, dass een

dann d'Kannergeld géif op 290 Euro setzen. Wéi kommen ech op 290? Ma dat sinn dräi Indextranchen. Dat gëtt 291,5. Do kommen ech drop. Dofir ass meng Propos, dass ee se soll an d'Kommissioun huelen, an da kann een dat do matkucken.

Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci och dem Här Spautz. An dann hunn ech d'Madamm Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Merci, Här President. Jo, dann och vläicht e puer Wieder zu de Motiounen vu menger Säit. Déi éischt Motioun, déi géife mer matstëmmen. Dat kënnen mer matdroen, och wa mir zwar net onbedéngt der Meinung sinn, dass d'Steierbefreiung vum Mindestloun dee richtige Wee ass. Mir mengen, dass een de Mindestloun misst erhéien. Mee mir kënnen dat doten awer grosso modo esou matdroen.

Déi zweet Motioun, dat wäert lech net wonnere, wäerte mer net matstëmmen, well mer der Meinung sinn, dass dat Bankgeheimnis muss opgehuewe ginn, fir och kënnen eng Verméigenssteuer ze berechnen.

Déi drëtt Motioun kënnen mer natierlech matstëmmen. Dat ass och dat, wat mir revendiquéieren.

An déi véiert Motioun kënnen mer leider net matstëmmen, well mer der Meinung sinn, dass een net soll e separate Coordinateur schafen, mee en allgemenge Coordinateur fir all Forme vu Rassismus an net do soll separat ufänken, dat ze analyséieren.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci der Madamm Oberweis. Den Här Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Merci, Här President. Just zwee Wuert zu der véierter Motioun fir ze soen, datt mer déi kënnen matdroen. An ech verstinn net d'Argumentatioun vun de Majoritéitsparteien, well et och ëmmer déi selwecht Argumentatioun ass, fir effektiv ze soen: „Hei ass eppes, woumat mer d'accord sinn. Hei ass eppes, wat mer matmaachen, wat mer richtig fannen, mir maachen et souwisou.“ A wann dann d'Oppositioun iergendepes seet, stëmme se awer dergéint. Well et ass jo eis liddi.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat fannen ech net logesch, fannen ech och net ...

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Entweder, et ass ee mat eppes d'accord, da stëmmt ee „jo“. Oder et ass een dergéint, da stëmmt een „nee“. Esou verstinn ech, wéi mer hei missten a sech eist Ofstëmmungsverhalen ofsécheren. An dofir ass et fir eis kloer: Mir si mat deem do Text d'accord, mir stëmmen dat mat!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci. Dann den Auteur vun de Motiounen, de Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo. Villmools merci, Här President, wa soss kee méi d'Wuert hält. Dofir just e puer séier Reaktiounen. Dem Här Baum an indirekt dem Här Bauler merci fir déi Erklärungen zur Finanzplaz. Ech wollt just soen: Et gëtt vill Rankingen, et ass do wéi bei anere Saachen, et gëtt där Rankinge méi, da muss een dat méi genau kucken.

Mee elo zu de Motiounen. Zu där éischter Motioun, do freeën ech mech, wann dat dann an déi Richtung geet, déi och den Här Roth op eng ganz konstruktiv Manéier hei proposéiert huet, an datt mer déi wichteg Froen, déi awer hei ugeschwat ginn, eventuell da kënnen an der zoustänneger Kommissioun analyséieren. Ech mengen, hei geet et jo wierklech ëm sozial Erliichterungen. Mir hunn zum Beispill vill iwwert den Aarmutrisiko geschwat déi lescht zwee Deeg, iwwert déi elengerzéiend Elteren. Jo, da musse mer kucken, datt mer och Neel mat Käpp maachen a kucken, wéi mer hinne kënnen hëllefen. Also, wann dat de Wee ass, da géife mer eis freeën. An ech mengen, den Här Bauler huet dat jo och schonn esou ugedeit. Da kënnen mer déi heiten an d'Kommissioun verweisen.

■ **M. André Bauler (DP).**- Nee, ech ..., nee, nee, nee.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Entschëllegt. Nee?

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Jo, Här Bauler, Dir sidd direkt ugeschwat, ...

■ **M. André Bauler (DP).**- Pardon, Här President ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- ... prezisiéiert.

■ **M. André Bauler (DP).**- Jo, pardon, Här President. Ech wollt just soen, datt mer eis an der Kommissioun deene Froen, déi d'Kolleginnen an d'Kollegen hunn, stellen an, well d'Steierdirektesch souwisou nach eng kéier bei eis wäert kommen, dass

mer eis deene Froen, déi do gestallt ginn, net verschléissen. Ben, déi Fro, virun allem vum Mindestloun, déi den Här Roth opgeworf huet, déi kënnen mer och an der Kommissioun traitéieren.

■ **Une voix.**- Awer net, awer net ...

■ **Une autre voix.**- Nee.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Also, ...

■ **M. André Bauler (DP).**- Mir hunn net gesot, mir géifen d'Motioun stëmmen.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... wësst Der, ech mengen, ...

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Renvoyéieren, net stëmmen. Renvoyéieren.

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Also ...

(Brouhaha)

Gutt. Ech mengen, wësst Der, ech wëll lech hei elo net beroden, wéi Der lech am beschte virun enger Opinion publique situéiert, déi awer seet: „Déi do Punkten, ...

(Interruption)

... déi sinn awer vläicht derwäert, datt mer se an eng Kommissioun verweisen.“ Wou also d'Rigueur vun enger Koalitionslogik ufänkt an net d'Flexibilitéit, fir de Problemer vun de Leit awer Rechnung ze droen, fannen ech Är Positioun do net novollzéibar. Mee gutt. Dat Wichtigst ass, datt déi Froen hei an der Finanzkommissioun diskutéiert ginn. Ech mengen, dat ass dat Wichtigst. Et ass dat, wat eis um Häerz läit. An Dir kuckt da mat Ärem Gewëssen, wéi Dir dat maacht.

Dat Zweet ass dann ...

(Brouhaha)

Dat Zweet ass dat mam Kannergeld.

(Brouhaha)

Do muss ech soen, datt natierlech et elo esou ass, datt vu gewerkschaftlecher Säit, ech mengen, vun der Chambre des Salariés, wann ech mech net ieren, och schonn do Rechnungen ugestallt ginn.

Mee mir sollten et einfach kucken, well et sinn nämlech och déi Familjen, déi an der Covidkris dacks déi gréisste Belaaschtungen haten, an dat waren d'Familje mat Kanner, zemoos déi méi aarm Familje mat Kanner op klengem Wunnraum. Si hunn immens schwéier Zäiten hanner sech, och materiell schwéier Zäiten hanner sech, wa se elo och nach de Chômage partiel haten. An ech mengen, mir sollten dat einfach an engem ganz oppene Geescht ugoen, fir ze kucken, wéi mer deene Leit kënnen hëllefen.

An ech wär wierklech frou, wann do awer kéint an der Familjekommissioun - quitte datt Der se hei vläicht net stëmmt - driwwer diskutéiert ginn, wat dat hei géif bedeuten a wéi mer deene Leit kënnen finanziell méi ënnert d'Äerm gräifen.

Bei dem Antisemitismus, do muss ech lech soen, do ass et gradesou wéi beim Bankgeheimnis, do géif ech och mech an déi areien, déi hei gesot hunn: „D'Vertrauen an d'Regierung feelt.“ Ech mengen, den Här Bettel hat selwer a senger Ried virdru gesot - wou e sech opgereegt huet iwwert déi Droungen, déi e kritt an esou weider -, datt do och heiansdo antisemittesch Kommentaren derbäi wäeren, wann ech gutt nogelauschtert hunn. Et ass e reelle Problem an der Gesellschaft. A mir hunn dat scho virun engem Joer gefrot, mir hunn et haut erëm gefrot, mir haten eng Question parlementaire gemaach.

Ech hunn den Androck, datt d'Regierungskoalitioun sech einfach net eens gëtt an dëser Fro, soss wär et jo scho laang geschitt. Awer Länner hunn dat scho laang gemaach. An déi Tatsaach, datt ausge-rechent zu Lëtzebuerg, wou jo awer ëmmer gesot gëtt: „Et gëtt e Problem!“, wou mer Schmierereien haten, och a Walkämpf, Hakekräizer an esou weider, keen Antisemitismus-Beoptraagte geschafe gëtt, dat kann dach nëmmen drop hiweisen, datt et an der Regierungskoalitioun Opposition dergéint gëtt. An dat ass net zu der Éier vun dëser Koalitioun. Kuckt, datt Der lech eens gitt! Mir loosse dat Theema hei net rouen. Mir kommen drop zrëck!

Mam Bankgeheimnis ass et och esou, datt einfach en Drock entsteet an der Gesellschaft an datt mer hei kéinten en Zeeche setze géint e glieserner Bierger. Mir kommen ënner Drock vu bausse, vu bannen, vu verschiddene Kreesser, déi gären de glieserne Bierger hätten.

Eng Kolleeigin huet virdru gesot: „Mir hätten dat gär, fir eng Verméigenssteuer kënnen ze errechnen“. Natierlech ass dat e reelle Problem. An natierlech ass dat eppes, wou mer mussen e Signal setzen als Parlament.

Wëlle mer den transparenten, de glieserne Bierger oder wëlle mer de Leit hir Privatsphär preservéieren? Mir als ADR soe kloer: Mir mussen de Leit hir Privatsphär preservéieren. A selbstverständlech mussen d'Leit géintiwier der Steiererklärung fir





d'Éierlechkeet vun hiren Deklaratiounen awer och riichtstoen.

Ech soen op jidde Fall Merci. Et wor eng fir d'Standard vum der Chamber awer relativ oppen Debatt iwwert déi Motiounen. Gewéinlech geet et 31:29, dann ass et eriwwer. An heiansdo huet d'Koalitioun iwwerhaupt net reagéiert. Dat hei war scho vergläichsweis besser - awer nach net gutt! Op jidde Fall sinn ech frou, datt weinstens e puer vun dese Propositioniounen op deem engen oder anere Wee hir Plaz an enger Kommissiounsdiskussioun wäerte fannen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Merci och. Den Här Roth huet sech d'Wuert nach gefrot.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo. Ganz kuerz dann, well ech mengen, jiddweree fänkt awer un, e bësse midd ze ginn.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- An hongereg.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech hunn awer verspuert, dass den Här Kartheiser, an dat soll een ënnerstëtzend kucken, sech d'accord erkläert, fir dass déi Motioun esou, wéi hie se deposéiert huet, iwwert d'Steierbarëmen, iwwert d'Besteuerung vum Mindestloun, an d'Kommissioun sollt verwise ginn.

An do soen ech ganz kloer: D'CSV stëmmt dat mat. An ech wier frou, wann dat e gesamte Vott vun der Chamber wier. All Fraktioun ass natierlech fräi fir ze decidéieren, wat se mécht. Mee ech muss lech awer ganz éierlech soen, wann de Staatsminister virdu gesot huet: „Ech hunn déi Debatten hei konstruktiv fonnt“, da géif ech et och konstruktiv fannen, zumindest aus eiser Siicht, wann eng Motioun kënnt, wou ee mam Inhalt d'accord ass, dass ee muss driwwer diskutéieren, vun der ADR, a wou een d'accord ass, fir se an d'Kommissioun ze verweisen, dass ee sech och deem ralliéiert.

Sollt dat net akzeptéiert ginn, dee Renvoi an d'Kommissioun, da soen ech: Wat den Inhalt selwer ubelaangt, wäerte mer eis enthalen. Et ass elo u sech un de Kollege vun der Majoritéit fir ze decidéieren, ob se dem Renvoi zoustëmmen oder net.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Merci gesot. Ech mengen, d'Positioune si kloer. Den Här Baum huet erkläert, dass eenzel Punkte vun der Motioun kéinten an der Chamberskommissioun diskutéiert ginn. Si sinn awer net d'accord, fir déi ganz Motioun an d'Chamberskommissioun ze huelen. Da stellen ech fest, dass hei keen Accord ass an dass mer müssen iwwert d'Motioun ofstëmmen.

(*Brouhaha*)

Also, sot mer de Contraire! Sot mer de Contraire!

■ **Une voix.**- Dat ass egal wat.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Sot mer de Contraire! Ech kréien hei gesot, dass d'Bereetschaft net do ass, fir déi gesamt Motioun an d'Kommissioun ze huelen. Da muss ech driwwer ofstëmmen loossen. Et bleift mer näischt aneres iwwreg.

(*Brouhaha*)

**Vote sur la motion 1**

Also, de Vott iwwert déi éischt Motioun fänkt un, mat der Verpflichtung, fir eenzel Punkten an der Kommissioun ze diskutéieren.

Début du vote.

(*Brouhaha*)

Also, wie fir de Renvoi un d'Kommissioun ass, stëmmt ...

■ **Plusieurs voix.**- Ma neen!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Jo, dann, ...

(*Brouhaha*)

... da stëmmen mer iwwert d'Motioun of.

Wie fir déi Motioun an hirem Ensembl ass, stëmmt da mat Jo. A wien net domat d'accord ass, stëmmt mat Nee.

Sou, dann ass elo de Vott definitiv.

Duerno d'Procuratiounen.

Mir hunn 59 Stëmmen. Dann ass de Vott eriwwer. Mir hunn 31-mol Nee, ...

■ **Plusieurs voix.**- A!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- ... 22 Abstentiounen, ...

■ **Plusieurs voix.**- O!

■ **Une voix.**- Immens.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- ... a 6-mol Jo. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Dan Biancalana), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Martine Hansen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Gilles Roth), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Dat gesot komme mer zum Vott iwwert déi zweet Motioun.

**Vote sur la motion 2**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen.

Duerno d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Mir hu 27-mol Jo, 33-mol Nee. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar),*

*Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Félix Eischen), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Dan Biancalana), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Da komme mer zu der Motioun Nummer 3.

**Vote sur la motion 3**

D'Ofstëmmung fänkt elo direkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen.

Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

31-mol Neen, 23 Abstentiounen a 6-mol Jo. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Georges Engel), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Martine Hansen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

An da komme mer zu der leschter Motioun.

**Vote sur la motion 4**

An do fänkt d'Ofstëmmung elo direkt un.

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen.

Duerno d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo gläich eriwwer.

27-mol Jo an 33-mol Nee. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Martine Hansen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Marc Spautz), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par Mme Cécile Hemmen), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Merci.

### 3. Ordre du jour

Bleift wannechgelift nach eng Sekonn, well ech gär eppes gekläert hätt vun der Conférence des Présidents respektiv de Verrieder vun der Conférence des Présidents.

Et ass esou, dass et ee Moment geheescht huet, dass mer nach géifen deen nächste Projet huelen, an duerno hunn ech awer gesot kritt, dass och d'Regierung de Mëtteg direkt disponibel ass, fir deen dote Projet ze huelen. Da géif ech d'Chamber froen, ob se d'accord ass, ...

■ **Une voix.**- Jo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- ... fir elo opzehalen an dann eis um 14.30 Auer ...

■ **Plusieurs voix.**- Um dräi.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- 15.00 Auer?

■ **Une voix.**- Jo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Ok dann. Ass domat jiddwereen d'accord? Hei zu menger Rietser? An hei zu menger Lénker?

(*Assentiment*)

Dann ass dat esou decidéiert.

Rendez-vous um 15.00 Auer. Villmools merci.

An d'Sëtzung ass eriwwer.

(*La séance publique est levée à 13.07 heures.*)

## Le saviez-vous ?

### ADMINISTRATION PARLEMENTAIRE

L'administration de la Chambre des Députés se compose du Secrétaire général, des Secrétaires généraux adjoints ainsi que des fonctionnaires et employés de la Chambre. Le Secrétaire général, qui est le chef de l'administration parlementaire, est élu par la Chambre alors que les deux Secrétaires généraux adjoints qui l'assistent dans l'accomplissement de ses missions sont nommés par le Bureau. L'administration parlementaire comprend actuellement quelque 100 agents.

### BUDGET DE L'ÉTAT

Le budget de l'État est une loi autorisant les recettes et dépenses de l'État pendant une année, appelée exercice budgétaire. Le budget est présenté sous forme de tableau évaluatif des recettes et des dépenses.

### BUREAU DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Le Bureau, élu par la Chambre, se compose du Président, de trois Vice-Présidents et de neuf membres au plus. La Chambre élit également des membres suppléants permanents, dont le nombre maximal est fixé à neuf. Le Secrétaire général fait partie du Bureau sans toutefois pouvoir participer aux votes. Le Bureau représente la Chambre sur le plan national et international et règle les questions financières et d'organisation concernant les députés, le Parlement et ses organes. Par ailleurs, il s'occupe de la gestion des affaires de la Chambre et prend les décisions relatives au personnel de l'administration parlementaire.

### COMPTE RENDU

Le compte rendu est une publication de la Chambre des Députés qui reproduit dans leur intégralité toutes les interventions faites lors des séances plénières de la Chambre des Députés. Il contient par ailleurs un résumé des textes législatifs adoptés, les questions posées aux membres du Gouvernement et les réponses reçues ainsi qu'un aperçu général des activités de la Chambre des Députés. Le compte rendu est distribué gratuitement en tant que supplément des trois principaux quotidiens à tous les ménages. Il peut être consulté en ligne sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Séances publiques - Comptes rendus des séances.



## Sommaire

- Ouverture de la séance publique**
  - M. Fernand Etgen, Président
- 7728 - Projet de loi portant approbation des modifications :**
  - 1° à la Convention relative aux transports internationaux ferroviaires du 9 mai 1980 dans la teneur du Protocole du 3 juin 1999, y compris l'adoption du nouvel appendice H, et des modifications adoptées par la Commission de révision lors de sa 26<sup>ème</sup> session, tenue à Berne, les 27 et 28 février 2018 ;**
  - 2° aux appendices E et G de la convention précitée, apportées lors de la 13<sup>ème</sup> Assemblée générale de l'Organisation intergouvernementale pour les transports internationaux ferroviaires, tenue à Berne, les 25 et 26 septembre 2018**
  - Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Carlo Back (interventions de M. Georges Engel et M. Mars Di Bartolomeo)
  - Discussion générale : M. Serge Wilmes - M. Max Hahn - Mme Cécile Hemmen - M. Jeff Engelen - Mme Myriam Cecchetti
  - Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Désignation d'un candidat pour un poste de conseiller d'État**
  - M. Fernand Etgen, Président
  - Vote
- Renouvellement des mandats de deux conseillers de la Cour des comptes**
  - M. Fernand Etgen, Président
  - Vote
- 7456 - Projet de loi portant modification :**
  - 1° du Code de la consommation ;**
  - 2° de la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments ;**
  - 3° de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques ;**
  - 4° de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique ;**
  - 5° de la loi modifiée du 24 mai 2011 relative aux services dans le marché intérieur ;**

- 6° de la loi modifiée du 23 octobre 2011 relative à la concurrence ;**
  - 7° de la loi modifiée du 23 décembre 2016 sur les ventes en soldes et sur trottoir et la publicité trompeuse et comparative ;**
  - en vue de la mise en œuvre du règlement (UE) 2017/2394 du Parlement européen et du Conseil du 12 décembre 2017 sur la coopération entre les autorités nationales chargées de veiller à l'application de la législation en matière de protection des consommateurs et abrogeant le règlement (CE) n° 2006/2004**
  - Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace : M. Claude Haagen
  - Discussion générale : M. Laurent Mosar - M. Gusty Graas - Mme Semiray Ahmedova (intervention de M. Fernand Kartheiser) - M. Fernand Kartheiser (intervention de Mme Stéphanie Empain) - Mme Myriam Cecchetti - M. Sven Clement
  - Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Protection des consommateurs
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Dépôt d'une motion par M. Laurent Mosar**
    - Exposé : M. Laurent Mosar (interventions de M. Sven Clement)
    - M. Claude Haagen
    - Vote sur le renvoi de la motion en commission (adopté)
  - 7478 - Projet de loi relatif à un contrôle de proportionnalité avant l'adoption d'une nouvelle réglementation de professions**
    - Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace : Mme Lydia Mutsch
    - Discussion générale : M. Laurent Mosar - M. Guy Arendt - M. Charles Margue - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement
    - Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie
    - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; Mme Paulette Lenert et M. Franz Fayot, Ministres.**

(La séance publique est ouverte à 15.01 heures.)



### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op. D'Huet d'Regierung eng Kommunika-tioun ze maachen?

(Négation)



### 2. 7728 - Projet de loi portant approbation des modifications :

**1° à la Convention relative aux transports internationaux ferroviaires du 9 mai 1980 dans la teneur du Protocole du 3 juin 1999, y compris l'adoption du nouvel appendice H, et des modifications adop-tées par la Commission de révision lors de sa 26<sup>ème</sup> session, tenue à Berne, les 27 et 28 février 2018 ;**

**2° aux appendices E et G de la convention pré-ci-tée, apportées lors de la 13<sup>ème</sup> Assemblée gé-né-rale de l'Organisation intergouvernementale pour les transports internationaux ferroviaires, tenue à Berne, les 25 et 26 septembre 2018**

Den éischte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass de Projet de loi 7728, eng Rei Accorden am internationalen Zuchverkéier. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Serge Wilmes, den Här Max Hahn, d'Madamm Cécile Hemmen an den Här Jeff Engelen.

An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, a wie kéint dat anescht si wéi den hono-rabelen Här Carlo Back? Här Back, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics**

■ **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.**- Jo, merci villmools, Här President, fir déi schéi Wieder. Ech sinn och frou, erëm hei ze sinn, an der aler Chamber, fir hei eis Projete virzedroen. Et ass schonn eppes aneres, mengen ech awer, wéi dat, wou mer auswäerts gespillt hunn, wann een dat ka soen.

Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, beim Projet de loi 7728, beim virleiende Gesetzesprojekt, geet et ëm d'Zoustëmmung zu den Ännerunge vun der sou-genannter „COTIF-Konventioun“ an hiren Annexen. Dës Ofkierzung COTIF steet fir „Convention relative aux transports internationaux ferroviaires“. D'COTIF ass eng Konventioun, déi éischter technescher Na-tur ass an déi awer fir d'Entwécklung vum Eise-bunnswiesen an Europa an doriwwer eraus vu grousser Bedeitung ass. Si gouf den 9. Mee 1980 ënnerschriwwen an ass 1985 a Kraaft getrueden.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Ech versti guer näischt.

■ **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.**- Et héiert keen eppes, Här President.

■ **Une voix.**- Dach ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Also ech hu bis elo alles héieren an ech hoffen, datt déi aner Leit et och héieren.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Et ass gutt.

■ **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.**- Ok. Ech hu gemengt, et wieren der, déi ... Ok.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Et ass vill Ge-grommels hei am Sall.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Fir datt jiddereen alles héiert, ass déi éischt Viraussetzung, datt eng gewëssen Intimitéit hei am Sall ass.

■ **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.**- U, ok. Merci, Merci.

(Hilarité)

D'COTIF stellt eigentlech e Kadergesetz duer, wat zum Zil huet, eenheetlech Rechtsstrukturen am in-ternationalen Eisebunnstransport ze schafen, also d'Spillreegelen ze definéieren, no deenen d'Trans-porter iwwert d'Schinn um internationale Plang ofgewéckelt ginn.

Mat dem Akraafttriede vun dëser Konventioun ass och d'OTIF, dat heescht d'Organisation intergouver-nementale pour les transports internationaux ferro-viaires, gegrënnt ginn. A fir mäi schréfftleche Rapport hei vläicht nach duerch en historeschen Detail ze er-gänzen, wëll ech erwänen, datt d'COTIF 1980 awer net aus dem Näischt eraus geschaf gouf, mee op dem Fundament vun hirem Virgänger opgebaut huet: dem éischten Ofkommes vu Bern iwwert den inter-nationale Wuerentransport per Schinn, dat schonns 1893 - also virun 128 Joer - a Kraaft getruede war, in-klusiv dem OTIF-Virgänger Office central des trans-ports internationaux par chemins de fer.

D'Zil vun der COTIF an hirer Organisatioun ass et deemno, d'Gesetzer an de Memberstaaten, déi den internationale Schinneverkéier betreffen, ze harmo-niséieren a gemeinsam Reegelen administrativer, rechtlecher oder technescher Natur anzeféieren, déi den internationalen Transport iwwert d'Schinn erliichter. Dës Reegele betreffe souwuel de Voya-geurs- wéi och de Fretberäich.

Zu de mëttlerweil 50 Membere vun der Organisa-tioun gehéieren, niewent den EU-Staaten, Länner aus Nordafrika an aus Asie respektiv aus dem Noen Osten. Déi ursprénglech Membere vun der OTIF wa-ren dofir zu Recht der Meenung, dass een d'Orig-i-nalkonventioun vun 1980 misst deenen neie Gegee-benheeten upassen. Dat ass 1999 iwwert de Wee vum Protokoll vu Vilnius geschitt, dee mir am Joer 2006 zu Lëtzebuerg ratifizéiert hunn.

Viru bal genee zwee Joer, den 23. Oktober 2019, hunn ech op dëser selwechter Plaz de mëndleche Rapport zum Projet de loi 7321 gemaach. Mam Vott vum 7321 hu mir deemools eestëmmeg d'Zou-stëmmung zu den Ännerungen un der Konventioun an un hiren Annexe ginn, déi während der 25. a 26. Sessioun vun der Commission de Révision a wä-rend der 12. Assemblée générale vun der OTIF am Joer 2015 ugehall goufen.

Haut, mam Projet de loi 7728, geet et elo drëms, d'COTIF-Konventioun an der Versioun vum Protokoll vu Vilnius, dacks einfach als „COTIF 1999“ betitelt, weider ze moderniséieren.

Et geet ëm eis Zoustëmmung zu den Ännerungen un der Konventioun an un hiren Annexen, déi wä-rend der 27. Sessioun vun der Commission de Révi-sion a während der 13. Assemblée générale vun der OTIF am Februar an am September 2018 ugehall goufen.

Dës Ännerunge betreffe souwuel, éischstens, d'Kon-ventioun selwer, wéi och, zweetens, déi besteeënd technesch Annexen E a G. Huele mer d'Beispill vun der Annex G, déi heescht: Règles uniformes concer-nant l'admission technique de matériel ferroviaire utilisé en trafic international.

An drëttens kënnst dës Kéier och nach eng nei An-nex derbäi, déi elo de Buschtaf H dréit an als Titel huet: Règles uniformes concernant l'exploitation en sécurité des trains en trafic international.

A mengem schréfftleche Rapport sinn ech am Detail op déi Ännerungen agaangen. Ech erspuren lech déi elo.

De Projet de loi ass den 3. Dezember 2020 depo-séiert ginn. De Staatsrot huet den 2. Februar 2021 säi favorabelen Avis dozou ginn. An der Sëtzung vum 30. September 2021 huet eis Kommissioun dunn de Rapport vum Projet de loi, esou wéi en hei virläit, ugehall.

Ech ginn och heimat den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem honorabele Rapporteur Carlo Back villmools Merci a ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Serge Wilmes.

Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

■ **M. Serge Wilmes (CSV).**- Villmools merci, Här President. Ech wëll dem Här Back Merci soe fir säi mëndleche Rapport, an da ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wilmes. An da geet d'Wuert un den hono-rabelen Här Max Hahn.

■ **M. Max Hahn (DP).**- Jo, ech géif mech de Wieder vum Serge Wilmes uschléissen an dem Rapporteur villmools Merci soe fir seng zwee Rapporten, sou-wuel säi schréfftleche wéi säi mëndlechen. An ech ginn heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Hahn. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).**- Här President, ech wéilt och dem Här Back Merci soen. Et war wéi ëm-mer ganz detailléiert. An alles, wat a puncto Sé-cherheet gemaach gëtt fir de Schinneverkéier op in-ternationalem Niveau, do kënnen mir natierlech nëm-men zoustëmmen. Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hemmen. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här President. Ech wëll dem Här Carlo Back en häerzleche Merci soe fir säi schréfftlechen a mëndleche Rapport. An et ass jo eng Harmoniséierung vun internationale Virschreften am Eisebunnswiesen. A mir bréngen d'Zoustëmmung vun der ADR zu dësem Gesetz. Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci. An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Jo, ech schlësse mech de Wieder vu menge Virriedner a-riednerinnen un. Mir appreciéieren natierlech, wann um internationale Plang den Zuch erëm méi Wichtigkeet kritt a wann alles do gereegelt gëtt. Mir hoffe just, datt dat net zu enger weiderer Priva-tiséierung am internationale Beräich féiert. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Cecchetti.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här François Bausch.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Här President, ech sinn im-mens frou, datt esou en héichpoliteschen, sensibe-len, kontroverséierte Projet wéi deen hei unanime ugehall gëtt.

(Hilarité générale)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools.

D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7728. Den Text steet am Document parle-mentaire 7728<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7728 et dis-pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un.

Well mer erëm an eiseem gewinnte Sëtzungssall sinn, kënnen mer de Vote par procuration erëm elek-tronesch ofginn. Duerfir dréckt op deen entspie-rende Knäppchen.

De Vott ass ofgeschloss. De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugehall. Freet d'Chamber d'Dis-pens vum zweete Vote constitutionnel?

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Ech war ze lues mat mengem Knäppchen, entschëllegt.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Di Bartolomeo, wéi kënnst Dir ze lues sinn?

(Hilarité générale)

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Den Här Di Bartolomeo wollt d'Harmonie stéieren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole*





Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 3. Désignation d'un candidat pour un poste de conseiller d'État

Sou, wéi d'Gesetz vum 12. Juli 1996 iwwert d'Reform vum Staatsrot an d'Artikelen 116 bis 127 vum Chambersreglement et virgesinn, designéiere mer haut e Kandidat fir e Poste vum Conseiller beim Staatsrot.

No den Dispositionne vun den Artikelen 119 an 120 vun eisem Reglement huet d'Präsidentekonferenz an hirer Reunoun vum 7. Oktober d'Kandidatur vun der Madamm Josiane Pauly fir recevabel erkläert.

Well mer ee Kandidat fir ee Posten hunn, kann den Artikel 7 Paragraf 5 vum Chambersreglement applizéiert ginn. De Paragraf 5 vum Artikel 7 gesäit vir, datt, wann et esou vill Kandidate gött wéi Posten ze vergi sinn, d'Chamber op eng Ofstëmmung verzichte kann. Deemno géif d'Kandidatin zum Conseiller vum Staatsrot proklaméiert ginn.

Ass d'Chamber domadder averstanen, den Artikel 7 Paragraf 5 vum Chambersreglement ze applizéieren?

**Vote**

Ech géif déi vun lech, déi domadder averstane sinn, bieten, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

D'Madamm Josiane Pauly ass domadder zum Conseiller vum Staatsrot proklaméiert a mir wënschen hir vill Satisfaktioun a vill Succès an hirem neien Amt.

### 4. Renouvellement des mandats de deux conseillers de la Cour des comptes

Da kënnen mer zum nächste Punkt kommen. D'Demandé fir d'Mandatserneierung vum Här Georges Ramos an der Madamm Marie-Jeanne Conter fir Conseiller vum Conseil d'État si verdeelt ginn.

Wann ee Conseiller säi Mandat erneiere wëllt, gesäit d'Reglement vir, datt den Artikel 7 Paragraf 5 vum Chambersreglement applizéiert ka ginn. D'Chamber kann deemno op eng Ofstëmmung verzichten.

Ass d'Chamber domadder averstanen, den Artikel 7 Paragraf 5 vum Chambersreglement ze applizéieren?

**Vote**

Ech géif déi vun lech, déi domat averstane sinn, bieten, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Domat sinn der Madamm Marie-Jeanne Conter an dem Här Georges Ramos hir Mandater als Conseiller vun der Cour des comptes verlängert ginn.

Da kéinte mer dee Punkt ofschléissen a mat eisem Ordre du jour weiderfueren.

### 5. 7456 - Projet de loi portant modification :

1° du Code de la consommation ;

2° de la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments ;

3° de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques ;

4° de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique ;

5° de la loi modifiée du 24 mai 2011 relative aux services dans le marché intérieur ;

6° de la loi modifiée du 23 octobre 2011 relative à la concurrence ;

7° de la loi modifiée du 23 décembre 2016 sur les ventes en soldes et sur trottoir et la publicité trompeuse et comparative ;

en vue de la mise en œuvre du règlement (UE) 2017/2394 du Parlement européen et du Conseil du 12 décembre 2017 sur la coopération

entre les autorités nationales chargées de veiller à l'application de la législation en matière de protection des consommateurs et abrogeant le règlement (CE) n° 2006/2004

Deen nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 7456: d'Ëmsetzung vun engem EU-Reglement am Beräich vum Konsumenteschutz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Gusty Graas, d'Madamm Semiray Ahmedova, den Här Roy Reding an den Här Sven Clement.

An d'Wuert vun dësem Projet de loi ass fir den honorabelen Här Claude Haagen, an dee steet schonn hei prett. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace**

■ **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. De Projet de loi 7456, wéi Der gesot hutt, behandelt d'Ëmsetzung vum europäesche Reglement 2017/2394 iwwert d'Kooperatioun tëschent den nationalen Autoritéiten, déi op d'Applikatioun vun der Legislatioun am Beräich vum Konsumenteschutz hei am Land oppassen. Dëse Projet de loi ass den 11. Juli 2019 vun der Madamm Ministesch fir de Konsumenteschutz an der Chamber deposéiert ginn.

Annexéiert un de Projet de loi war en Exposé des motifs, e Commentaire des articles, d'Fiche-financière, eng Evaluatioun vum Impakt souwéi eng koordinéiert Versioun vum drëtten Buch vum Code de la consommation an natierlech d'Reglement selwer.

No der Presentatioun an der Analys vun de verschiddenen Avisen ass de Rapport vun dësem Projet de loi den 30. September vun dësem Joer an der Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace adoptéiert ginn.

D'europäescht Reglement, wat hei ëmgesat gött, gesäit d'Modalitéite fir d'Kooperatioun vun de betroffenen Autoritéiten am Kader vun transfrontaliären Infractionen am Konsumenteschutz vir. Dofir preziséiert d'EU-Reglement och d'Pouvoiren, déi d'Autoritéiten an deem Fall hei hunn.

Dësen nationale Projet modifizéiert virun allem de lëtzebuergesche Code de la consommation, fir datt déi betreffen Autoritéiten déi néideg Pouvoiren hunn, fir déi ëmgesate Legislatioun och effektiv kënnen ëmsetzen. D'Manier vun der Ausübung vun de jeeweilige Prozedure gött och esou wäit wéi méiglech am Projet preziséiert, ouni datt dobäi awer den Text vum EU-Reglement tel quel iwwerholl gött. Déi Pouvoiren, vun deene rieds ass, ginn am EU-Reglement opgezielt. Dobäi gött den Ënnerscheid gemaach tëschent deenen, déi néideg sinn, fir d'Reglement op nationalem Niveau ëmsetzen, an deenen, bei deenen all europäesche Memberstaat kann decidéieren, ob e se sengen nationalen Autoritéiten attribuéiert oder net. D'EU-Reglement gött also an deem Fall eng gewësse Marge.

Et ass awer esou, datt d'Ëmsetze vum Reglement den zoustännegen Autoritéiten all d'Pouvoir conféréiert. An der Praxis heescht dat, datt dës Autoritéiten all Pouvoiren ausüben kënnen, déi hinnen hir eegle Loi organique an och d'Gesetzestexte ginn, nieft deenen neie Pouvoiren aus dem aktualiséierte Code de la consommation.

Heibäi bitt d'europäescht Reglement den Autoritéite véier Méiglechkeete fir d'Ausübung vun hire Pouvoiren. Éischtens kënnen si se direkt an ënner hirer eegener Autoritéit ausüben. Si kënnen zweetens awer och iwwer aner kompetent oder ëffentlech Autoritéite fueren. Déi drëtt Méiglechkeet wier, fir iwwert designéiert Organismen ze fueren. An déi lescht, déi véiert, ass déi, datt si och bei de kompetente Juridiktione kënnen ufroen, fir déi néideg Decisiounen ëmsetzen an op deem Wee indirekt hire Pouvoir ze exzeréieren.

Dëse Projet de loi gesäit awer och spezifesch Prozedure fir all eenzelne Pouvoir vir. Dorënner falen déi speziell Enquêtépouvoiren an d'Exekutiounspouvoiren.

Zu deene speziellen Enquêtépouvoir kann ee soen, datt et déi nammlechst si wéi déi, déi am Moment als Acquisitiounspouvoir am Code de la consommation virgesi sinn. Konkreet erméiglechen dës Pouvoiren den Autoritéiten, Test-achate vu Bienen a Servicer ze maachen, souguer ënner falscher Autoritéit, wann et néideg wier. Hei kënnen d'Autoritéite se also selwer ausüben.

Wat elo d'Exekutiounspouvoiren ugeet, do gesäit de Projet vir, datt déi müssen duerch provisoiresch Mesuren ausgeübt ginn. Konkreet géifen d'Autoritéiten den Tribunal d'arrondissement par voie d'assignation en référé saisieren, fir datt dee se an hirer Plaz ausüüb.

D'Pouvoiren, déi vum Reglement virgesi sinn, sinn esou wéi déi aktuell Action en cessation, déi am Code de la consommation festgehalten ass. Wat als Konsequenz huet, datt déi nei Pouvoiren ënnert der nammlechter Form wéi dës Aktiounen kënnen ausgeübt ginn, wat et den Autoritéiten natierlech er-

méiglecht, se selwer ze exekutieren an net duerch eng Saisie vum Geriicht ze fueren.

Wa mir awer scho bei der Action en cessation sinn, esou gött dës modifizéiert: Et wäert ab der Ëmsetzung vun dësem europäesche Reglement méiglech sinn, duerch déi Aktioun explizitt eng illegal Praktik am Konsumenteschutz ze verbidden, wat bis elo nach net de Fall war. Esou vermeit een dann och all Widerhuelung vun enger illegaler Praxis. Et geet een also direkt géint d'Recidence vir. Och um Niveau vum Appell vun dëser Aktioun hunn d'Modifikatiounen alles méi kloer gemaach.

Komme mer kuerz zu deene verschiddenen Avisen.

Am Avis vun der Union luxembourgeoise des consommateurs vum 4. Juli 2019 ass d'ULC gréisstendeels mat der Ëmsetzung vum Reglement averstanen a begreißt déi sëlleg Neierungen.

Besonnenesch, wat d'Reform vun der Action en cessation ugeet, huet d'ULC sech awer Froe gestallt. Si ass der Meinung, datt déi aktuell Jurisprudenz virgesäit, datt dës Aktioun e puere preventive Charakter huet, wat awer net méi konform zum ëmgesate Reglement wier.

E weidere Kritikpunkt ass, datt d'ULC gären als Autoritéit nominéiert géif ginn, wat d'Alerte-externen ugeet.

D'Unioin bereit och, datt dëse Projet kee Recht op d'Informatioun vun der Suite vun enger Soumissioun fir de Plaignant virgesäit. D'ULC wëllt dëst Recht am Projet unerkannt kréien.

Am Avis vum 14. Oktober 2019 ass d'Staatsbeamtechamber mam Fong vum Projet de loi averstanen a ralliéiert sech deelweis och un den Avis vun der ULC.

D'Chambre de Commerce ass an hirem éischten Avis vum 7. Oktober 2019 mat der Richtung vun der Ëmsetzung vum europäesche Reglement averstanen a formuléiert keng spezifesch Kommentaren.

An hirem zweeten Avis vum 10. Mäerz 2021 deelt si d'Observatioun, déi am Avis vum Conseil de la concurrence opgeworf gött: An zwar handelt et sech ëm d'Feele vun enger Definitioun vun der Notioun vun de kollektiven Interête vun den Entreprises.

D'siwent Chamber vun der Cour d'appel geet an hirem Avis vum 11. Juli 2019 just op d'Prozedur vun der Cour d'appel an a proposéiert hei eng Reformulatioun vun der Prozedur an der Appellinstanz.

Duerno hu mir an der Kommissioun den Avis vum Tribunal d'arrondissement, deen och den 11. Juli 2019 un d'parlamentaresch Kommissioun gaangen ass, analyséiert.

Den Tribunal proposéiert haaptsächlech d'Reformulatioun vu klengen Präzisierungen an Ajoutten, mee geet op e spezifesch Punkt méi genee an. An zwar bemierkt d'Geriicht, datt et eng Ambiguitéit gött an engem Artikel, deen an de Code de la consommation komme soll: Et wier hei net kloer, ob eng Assignation fir d'Exekutioun vu verschiddene Pouvoiren vun de betroffenen Autoritéiten elo virun de President vum Arrondissementsgeriicht kënn oder virun de Riichter-Président vun der Chamber vum Arrondissementsgeriicht.

D'Chambre des Métiers huet och en Avis formuléiert, an zwar de 6. Dezember 2019. An hiren Observatiounen begreißt d'Chambre des Métiers déi legislativ Ajustement, déi de Projet mécht, a formuléiert verschidde Verbesserungsvorschläg, besonnesch an engem Sënn vu Simplification an Transparenz.

Si proposéiert, datt ee misst an engem eegene Gesetz alleguer déi obligatoresch Mentionen an der Diffusioun vum Internetsite versammelen, well déi soss iwwer verschidden national an europäesch Texter verstreekt sinn.

Ausserdeem suggeréiert se och en eegent Gesetz fir déi verschidden Obligationen, un déi sech all Professionellen hale muss, dee seng Servicer a Produiten iwwer Internet ubitt. Hei wieren d'Dispositionen och ze vill verstreekt.

Zu gudder Lescht befënn d'Chamber et an deem Fall als néideg, déi verschidden Actions en cessation an engem eenzege Gesetz ze versammelen. Zum Beispill kéint esou ee Gesetz all d'Aktiounen géint d'Akte vun deloyaler Konkurrenz beinhalten. Fir de Rescht approuvéiert d'Chambre des Métiers dee Projet de loi.

D'Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel, d'ALIA, huet an hirem Avis vum 23. Mäerz 2020 keng speziell Observatiounen formuléiert, ausser datt si rappéléiert, datt hir Kompetenze sech nëmmen op d'Fournisseurs de services vun audiovisuelle Medien - an och Plattformen, déi Videoen, mee keng Radioprogrammer diffuséieren - erstreckt.

De Conseil de la concurrence huet a sengem Avis vum 30. September 2020 verschidden Observatiounen formuléiert.

Fir d'éischt emol ënnersträicht de Conseil nach eng kéier, datt en der Meinung ass, datt d'Regierung misst d'Kompetenzen an der Konkurrenz an an der

Consommation ënner enger eenzeger Institutioun vereenegen. Virun allem war en och op déi feelend Definitioun vum Intérêt collectif vun den Entreprises agang, an de Conseil fuerdert hei, déi néideg Präzisierungen ze ginn. An deem Kontext ass en der Meinung, datt ee misst parallel eng Definitioun fir d'Interête vun de Konsumenten virgesinn. Esou eng Definitioun wier bestëmmt och praktesch fir dëse Projet de loi.

A sengem zweeten Avis - datéiert op den 11. Februar 2021 - invitéiert de Conseil de la concurrence de Legislateur, nach eng kéier d'Notioun vun den Intérêts collectifs de l'entreprise ze preziséieren. Duerno markéiert hien awer och säin Accord mam Projet de loi.

Schlussendlech komme mer zu den Avisen vum Staatsrot: deen éischte vum 13. November 2020 an deem zweete vum 6. Juli vun dësem Joer. De Staatsrot proposéiert eng Omissioun am Artikel iwwert den direkten Exercice vun den Enquêtépouvoiren, well et jo evident wier, datt déi Pouvoiren direkt ausgeübt ginn. An deem nammlechten Artikel bemierkt de Staatsrot, datt d'Pouvoir-d'enquêtes net preziséiert wieren.

No all deenen Diskussiounen an Avisen vum deene verschiddene Kommissiounen hu mer dat alles an der parlamentarescher Wirtschaftskommissioun finaliséiert, an de Staatsrot huet säin Accord a sengem zweeten Avis zu dësem Projet de loi ginn.

Zum Schluss wëll ech awer nach soen, datt eis no eisen Aarbechten an der Kommissioun opgefall ass, datt den Artikel 4 den Artikel L311/5.5 vum Code de la consommation ëmännert. Dëse Punkt 5 ass awer duerch d'Gesetz vum 5. Februar vun dësem Joer iwwert d'Transports publics abrogéiert ginn. Doropshin ass ee Courier un de Staatsrot gaangen, fir dëst als Erreur matérielle ze behandeln, wat de Staatsrot och a sengem Courier esou unerkannt huet.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.**- Här President, d'Ëmsetzung vun dëser europäescher Direktiv ass wichteg fir de Schutz vun de Konsumenten an eisem Land. An déi nei Pouvoiren hëllefen de kompetenten Autoritéite beim Garantéieren vun dësem Schutz an der Bekämpfung vun illegale Praktiken.

Fir weider Detailer an aner Avisen verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport a ginn natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Claude Haagen villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Laurent Mosar.

### Discussion générale

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischte e ganz grouse Merci un eise Rapporteur, de President vun eiser Kommissioun, deen eis de Mëtteg eng ganz interessant Matière op eng ganz verstëndlech Aart a Weis méi nobruecht huet. En huet dat am Detail erkläert, wat an Zukunft wäert änneren, och am Interessi vum Verbraucherschutz, sou-datt ech mech ganz kuerz wäert kënnen helen.

Ech wollt awer just nach eng kéier widerhuelen, datt mer effektiv an enger Gesellschaft liewen, wou déi numereesch Servicer ëmmer méi wichteg ginn. Et gött haut ëmmer méi iwwer Internet kaaft. An duerfir huet och dat Gesetz missen ugepasst ginn.

Wéi de Rapporteur dat och richtegeerweis ënnerstrach huet, gi mer hei deenen zoustännegen nationalen Autoritéite weesentlech méi Kompetenzen, dat souwell, wat de Pouvoir d'enquête wéi och, wat de Pouvoir d'exécution betrëfft. Mir fannen, datt dat an déi richteg Richtung geet. Ech wäert mech duerfir och net méi müssen domadder beschäftegen.

Ech wëllt awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir trotzdem zwou Observatiounen ze maachen: eng Observatioun zu dësem Text an dann nach eng méi generell, wat de Verbraucherschutz betrëfft.

Déi éischt ass och eng, déi aus deem engen oder aneren Avis erausgaangen ass. Mir hunn am Moment e Code de la consommation, dee relativ vill Kompetenzen huet. A mir hunn haaptsächlech verschidden Autoritéiten, déi déi Kompetenze sollen ëmsetzen. Dat mécht fir d'alleréischte d'Verständlechkeet vun där Legislatioun net onbedéngt méi einfach, mee et bréngt haaptsächlech och Problemer um Niveau vun deene verschiddenen Autoritéiten.

Duerfir mengen ech, wär et wichteg, datt ee wirklech géif versichen, déi Kompetenzen ze regroupéieren an och déi Autoritéite wirklech ze limitéieren, well dat soss awer herno ka relativ vill duerchernee maachen. Duerfir wär och eise Wonsch - net elo an dësem Text, mee vläicht an zukünftigen Texten -, datt een einfach och géif e bësselche méi eng harmoniséiert a regroupéiert Legislatioun adoptéieren.





Dann eng zweet Remark: De Verbraucherschutz läit der CSV-Fraktioun a mir selwer ganz staark um Häerz. Ech wëilt do nach eng kéier op ee Punkt insistéieren, wou mer leider Gottes an deene leschte Méint a Joren net virukomm sinn: dat ass dee ganze Volet vum Geoblocking. Ech wëll lech elo hei net nach eng kéier soen, wat de Geoblocking ass, mee just soen, datt nach ëmmer ganz vill Lëtzebuergeresch Entreprises duerch dee Geoblocking musse Produiten iwwert d'Belsch oder iwwer aner Länner kafen. Dat féiert dozou, datt déi Produite fir déi Entreprises natierlech weesentlech méi deier ginn an déi Entreprises repercutéieren dann natierlech och dee Präis op d'Konsumenten, wat dann derzou féiert, datt och fir den Endkonsument zum Schluss de Präis, deen e fir e Produit bezilt, vill méi héich gëtt.

Dee Geoblocking mécht eigentlech an enger Europäescher Unioun wéineg, fir net ze soe guer kee Sënn méi. Ech weess - ech begrëissen den Här Wirtschaftsminister -, och den Här Wirtschaftsminister a säi Virgänger hate sech e puermol staark-gemaach zu Bréissel, fir dee Geoblocking do ewechzekeréien. Ech weess net, wat entre-temps geschitt ass. Ech géif op jidde Fall nach eng kéier e feierlechen Appell maachen, fir vläicht deen Dossier nach eng kéier ze relancéieren, well e wéi gesot och am Interessi vum Verbraucherschutz ass.

Dat gesot, bréngen ech heimmadder den Accord vu menger Fraktioun an ech soen lech Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Laurent Mosar. An da wier et um honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP).**- Merci, Här President. Ech mengen, dat hei ass awer e ganz wichtegt Gesetz. Et däerf een net vergiessen, datt de Commerce sech jo awer an deene leschte Jorzéngte respektiv virun allem an deene leschte Joren e bëssen aneschters entwéckelt huet: Et ass net méi dee classesche Verkaaf, deen eis u sech all Dag beschäftigt, mee et ass oft online, wou natierlech ganz vill Akeef gemaach ginn. An dann ass et och wichteg, datt dat awer méi kontrolléiert gëtt, datt och do déi eenzel Autoritéiten u sech méi Méiglechkeete kréien, déi ganz Saach ze iwwerwaachen.

Dowéinst sinn eng Rei Saachen an deem Gesetz, déi mir ouni Zweifel kënnen approvouéieren. Ech wëll virun allem op ee Punkt hiweisen: Dat ass deen, datt déi national Autoritéiten elo am Fong ënner engem falschen Numm praktesch kënnen d'Kontroll maache vun eenzelnen Artikelen. Dat ass en Novum! Dat ass eppes, wou ee sech natierlech den éischte Moment vläicht e bësselche Gedanke mécht, mee wat awer verständlech ass, well haut eeben dach leider ëmmer méi verschidden Ubidder sech dozou hiräisse loosser, fir eeben op eng net grad korrekt Aart a Weis Saachen ze verkafen. An deem Sënn, wéi gesot, ass dat fir eis awer ganz wichteg.

Ech mengen, et ass och wichteg, datt déi Prozedur, fir en Tribunal ze saiséieren, och elo vereinfacht gëtt. Insgesamt muss een also soen, datt dat hei am Interêt ass vun dem Konsument. An duerfir kënnen mir dat och nëmme begrëissen.

Ech wëll och ofschléissend awer dem Rapporteur, dem Claude Haagen, e Merci soen, souwuel fir säi mëndleche wéi och fir säi schrëftleche Rapport. An an deem Sënn ginn ech natierlech dann och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei. Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gusty Graas. An d'Wuert geet weider un déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Semiray Ahmedova (déi gréng).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischte e grouse Merci natierlech un de Rapporteur, den Här Haagen, fir de schrëftlechen awer och fir de mëndleche Rapport, dee ganz detailléiert an ausféierlech war.

Ech wëll fir d'éischt e puer Wuert iwwer Europa soen. Europa ass villfältig, Europa ass bunt an Europa ass multikulturell.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Semiray Ahmedova (déi gréng).**- Mee virun allem ass Europa awer Synonym fir Zesummenhalt a fir Fräiheet an och fir Kooperatioun zwëschent den eenzelne Memberlänner. Fräiheet a Sécherheet, dat sinn déi wichteg Stéchwierder. An d'Sécherheet definéiert sech ënner anerem duerch en Ofgläiche vun de Prozeduren, Legislatiounen a Kompetenze vun den Autoritéite vun den eenzelne Memberlänner.

(*Brouhaha*)

Et ass vill Kaméidi hei.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo.

(*Interruptions*)

Dat sinn déi gréng gewéinlech.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Madamm Ahmedova, et géif een lech besser verstoen, wann all déi aner 59 e bësse méi roueg wieren. An den Appell geet un déi 59. Merci villmools.

■ **Mme Semiray Ahmedova (déi gréng).**- Merci, Här President.

Mir liewen haut an enger Welt, an där d'Informatiounen iwwerall a wierklech zu all Moment ze fanne sinn, awer och disponibel sinn. Den Zougang zu den Informatiounen ass ganz einfach. Mee fanne mir ëmmer wierklech dat, wat mer sichen? Fanne mir wierklech ëmmer déi néideg Informatiounen, déi mer zu deem Zäitpunkt och brauchen? Ech fannen net.

Déi ganz Mass un Informatiounen ass am Fong esou vill, datt mer vu lauter Beem u sech de Bësch net méi kënnen gesinn. Also op jidde Fall geet et mir esou. Et kann een elo soen: „Fraen an Technik, wa si eppes um Internet sichen“, mee, ech mengen, technesch sinn ech awer och relativ begaabt an ech ... Wéi gesot, zemoos wann een heiansdo am Geschäft ass an den Handy auspeekt, kënn een net ëmmer onbedéngt zu deene richtegen Informatiounen, déi ee brauch.

Dofir muss ee sech och déi Fro stellen, ob déi ganz Mass un Informatiounen och wierklech dozou féieren, datt mer besser informéiert sinn an u sech wéi fréier ... Ass et elo besser oder war et fréier besser, wou mer elo Internet hunn a fréier keen Internet hatten? Wéi gesot, ech fannen déi ganz Mass ass vill ze vill, fir datt mer de richtegen Tri maachen.

De Schutz vu Konsumentinnen a Konsumenten ass och dofir grad an der haiteger Zäit immens wichteg, sief et bei engem Bankeprêt, wou ee sech muss informéieren, sief et beim Kaf vun engem einfache Vélo oder bei engem Haushaltsgerät, am Ausland, hei zu Lëtzebuerg oder um Internet. Et muss een ëmmer richteg informéiert ginn. Dofir brauche mir eng Legislatioun, déi et dem Verbraucher u sech erméiglecht, seng Kafentscheidung onkomplizéiert, awer och transparent kënnen ze treffen.

Ech kann lech en anert Beispill erzielen. Wéi ech fréier emol en Appartement gesicht hunn, hat ech der e puer besicht. An ech hat ee ganz flott fonnt. Et war eng nei Residenz, et war nëmmen nach een Appartement iwwreg. Ech hat och e Rendez-vous, glécklecherweis, et war nach net ausverkaaft. An ech ginn eran an ech kucken an no 15 Minuten an no der drëtter kéier, wou de Verkeefer mer gesot huet, datt ech Sonn am Appartement hätt, wierklech, vu moies bis owes, dat heescht de ganzen Dag, hunn ech him awer misse soen, datt dat Appartement ganz nördlech ausgeriicht war an datt ech am Fong dee ganzen Dag guer keng Sonn gehat hätt. Dunn huet e sech u sech entschëllegt a mech gefrot, ob e weider am Fong gelunn hätt, wou ech him och gesot hat, datt ech vu Beruff hier ... Just fir lech ze soen, datt d'Leit oft iwwert den Dësch gezu ginn.

Oder weider: Wann een an engem Geschäft ass, kritt een oft vu verschiddene Saachen d'Meritten erkläert a wann ee sech dann déi Zäit doheem hält, fir emol richteg duerch déi ganz Mass un Informatiounen ze sichen, mierkt een, datt d'Hallschent vun deem, wat gezielt gouf, och nëmme Brach war.

Grad wéinst esou Situatiounen ass et wichteg, datt d'Konsumentinnen an d'Konsumenten a voller Transparenz informéiert ginn. Gläichzäiteg musse mer awer och derfir suergen, datt falsch Informatiounen duerch déi ekonomesch Acteure kënnen vermeit ginn an net onbestrooft blieden.

Vläicht en anert Beispill, wat méi flagrant ass, aus der rezenter Vergaangenheet: Dat ass den Dieselskandal. Ech mengen, do wësse mer alleguerten, datt eng ronn 11 Milliounen Autoe ronderëm déi ganz Welt verkaaft goufe mat falschen Zuele vun CO<sub>2</sub>-Emissiounen.

Mat dësem Projet de loi gëtt e Reglement ëmgesat, dat de Konsumenteschutz stäerkt. Et gëtt en EU-wäiten harmoniséierte Kader geschaaft, deen den Autoritéiten hire Pouvoir stäerkt, wouduerjer u sech d'Konsumenten an Zukunft besser viru Verstéiss géint d'Verbraucherrecht geschützt ginn. An dat begreisse mir ausdrécklech.

Niewent de verstärkte Pouvoir fir d'Autoritéiten ass u sech ee besonnesch positive Changement ervirzehiewen, nämlech déi Procédure de l'action en cessation. Et ass esou, datt een an Zukunft wäert kënnen och déi Prozedur weiderféieren, och wann déi Infraction, ëm déi et geet, schonn ofgeschloss ass.

D'Reegelen a puncto Konsumenteschutz erfëllen en duebeln Zweck: engersäits, wéi ech scho gesot hunn, datt d'Autoritéite méi kompetent ginn an een doduerjer ka méi consequent a méi séier handelen, fir datt d'Leit och geschützt ginn, an op där anerer Säit geet et awer och drëm, mat enger effikasser Legislatioun, zum Beispill mat Sanktiounen, Ofschreckung ze bedriewen.

E weidere wichtege Projet an dësem Kontext ass de Gesetzesprojet zum Recours collectif. Deen hu mer

nach ëmmer an der Ekonomieskommissioun an der Chamber. An ech hoffe wierklech ganz staark, datt mer deen deemnächst wäerte kënnen hei an der Chamber ofstëmmen.

Dat alles gesot, mengen ech, bleift mir nëmmen nach iwwreg, den Accord fir déi gréng Fraktioun fir dëse Gesetzesprojet ze ginn an lech Merci ze soe fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Ahmedova. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Roy Reding. An duerfir ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

(*Hilarité*)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Datt Dir dat direkt erkannt hutt, Här President. Villmools merci.

Jo, ech wollt eigentlech elo net vill schwätzen - well ech mengen, d'Virriedner hunn alles gesot -, awer dem Rapporteur villmools Merci soen. Awer elo, wéi d'Madamm Ahmedova esou interessant iwwer hir Erfarunge geschwat huet, wéi se eng Wunneng siche gaangen ass, an iwwert d'Geforen, iwwert den Dësch gezunn ze ginn als Konsument, wollt ech awer soen, datt et de Wieler heiansdo net anescht geet.

Well wann en Elektroauto als emissiounsarm vun der Politik duergestallt gëtt, wann ee kuckt, wou d'Batterien hierkommen, wann ee kuckt, wou de Strom hierkënn, deen och nëmmen zu engem Deel aus sougenannte „grénge“ Quelle kënn, fir dann ze soen: „Et ass eng emissiounsarm Mobilitéit“, dat ass och vläicht net ëmmer esou, wéi dat soll sinn.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).**- D'ADR seet och, se wier déierefrëndlech.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Leider gëtt et do kee Konsumenteschutz, mee Portaler, fir méi no bei d'Wourecht ze kommen.

An domadder ginn ech den Accord vun der ADR. Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An d'Wuert geet weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Villmools merci, Här President. Also villmools merci dem Rapporteur. Mir begrëissen natierlech och dëse Projet de loi, deen d'Konsumente vill méi schützt. E klenge Wehrmutstropfen ass och schonn, wéi de Konsumenteschutz et a sengem Avis bemierkt huet, datt eebe leider keng Sanction-administrativ kënnen vun den Autoritéite promouvéiert gi bei Infractionen, mee datt direkt de Juge muss saiséiert ginn. Mee op alle Fall stëmme mir awer och mat.

Merci.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Cecchetti. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President?

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- O pardon, Här Clement!

■ **Plusieurs voix.**- O!

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Clement, ech entschëllege mech. Wou konnt ech lech vergiesen?! D'Wuert huet den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Ech verzeien lech et. Ech sinn heiansdo liicht ze iwwersinn dohannen am Eck. Ech huelen et awer kengem béis an Dir musst de kee Matleed mat mer hunn, keng Angscht.

Mee et passt jo e bësse bei d'Theema, wat mer haut hunn. Wa mer iwwert de Konsumenteschutz schwätzen, da geet et jo drëm, d'Konsumenten ze schützen. Dat ass emol dat Éischt. An duerfir, et freet mech och ëmmer, d'Madamm Lenert net nëmme als Gesondheitsministesch ëmmer erëm bei de Covidgesetzter ze gesinn, mee och zur Ofwiesung emol nees erëm eng kéier als Konsumenteschutzministesch. Dat si vläicht déi méi einfach, déi méi konsensuell Dossierien an den aktuellen Deeg.

Mat dësem Gesetz wäert also Lëtzebuerg d'EU-Reglement fir méi Konsumenteschutz encadréieren. Wéi d'ULC sinn awer och mir grondsätzlech zefridde mam Text. Duerfir, erwaart lech elo keng laang Ried, wou ech den Text am Detail zerplécke wäert!

■ **Plusieurs voix.**- D'Avisen!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ech kéint och d'Avisen nach zitéieren, mee dat huet de Rapporteur Claude Haagen, deen dat exzellent hei gemaach huet, schonn duergeluecht. Dat heescht, och dat erspueren ech lech a mir.

Wat mir awer vläicht wichteg ass, ass, datt mer eis nei Moyene ginn, datt mer eis Moyene ginn, fir wierklech dat ze kontrolléieren, wat d'Semiray Ahmedova virdu gezielt huet, nämlech do ze kontrolléieren, wou d'Leit wierklech beduckst ginn. Dat ass duerch anonym Achat-Testen an Zukunft méiglech. Well ganz vill Saachen ... An ech mengen, jiddwereen, deen eng kéier en Auto kaaft huet, dee krut dat Blot vum Himmel versprach, deen Auto géif esou spuersam fueren. Ech weess net, ob jee schonn eng kéier ee vun lech déi Reechwäit erreecht huet, déi en Auto uginn huet. Ob et e Bensinner ass, en Diesel oder en Elektro - dat, wat am Katalog steet, ass meeschtens eng schéin Zuel, huet awer mat der Realitéit net vill gemeng.

Dat nämmlecht, wann ee Vente-en-l'état-futur-d'achèvement-Appartementer keeft, wou de Legislateur jo da komescherweis eng kleng Marge de manœuvre fir d'Promoteur ginn huet: Da sinn déi Appartementer op eemol 3 % méi kleng ... Also net genau 3 %, mee 2,99 % méi kleng, well ab 3 % haft de Promoteur! Bis 2,99 % kann de Promoteur soen: „Dat ass an der Marge d'erreur.“ Bei engem 100-Meterkaree-Appartement sinn dat 3 Meterkaree, déi verluerginn. Dat ass nawell Platz an et muss ee se awer matbezuelen, ob se gebaut ginn oder net.

Dat sinn natierlech nëmme e puer Beispiller fir ze illustréieren, datt net esou en parlant ... wéi en Appartement, wat nördlech ausgeriicht ass a wou een dann op eemol verkaaft kritt, do géif dee ganzen Dag d'Sonn eraschéngen. Also, deen hat och an der Schoul net opgepasst, wéi et drëm goug, vu wou d'Sonn schéngt.

(*Hilarité*)

Wat awer och vläicht deen een an eenzege Bemoll ass, dee mer mam Reglement hunn - net mat der Transpositioun, net mat der Applikatioun hei zu Lëtzebuerg -, dat ass, datt mer eis u sech gewünscht hätten, datt all Persoun, déi eng Reklamatioun areecht, och iwwert de Stand vun hirer Reklamatioun misst informéiert ginn.

Dat gouf leider zu Bréissel net zréckbehalen an dat ass de Bemoll, dee mer bei där heiter Transpositioun, bei där heiter Thematik generell gesinn. Mir hätten eis gewünscht, datt een hei vläicht e bësse méi wäit géif goen a wierklech och d'Leit, déi sech beschwéieren, géif weider abannen, informéieren.

Dat gesot, et geet haut net ëm de Reglement per se. Et geet drëm, wéi mir et hei zu Lëtzebuerg applizéieren. Do hunn ech näischt Kritesches drun aussetzen an duerfir ginn ech den Accord vun de Piraten.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet elo d'Wuert, d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

■ **Une voix.**- Nee, nee, d'Konsumenteschutzministesch.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Wéi hat ech gesot?

■ **Plusieurs voix.**- Gesondheitsministesch.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- O pardon! Déi zoustänneg Ministesch ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Protection des consommateurs.**- Et ass jo och net falsch.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- ... fir de Konsumenteschutz, d'Madamm Paulette Lenert.

*Prise de position du Gouvernement*

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Protection des consommateurs.**- Merci, Här President. Ech sinn och ganz frou fir déi aner Ëmstänn, ënnert deenen ech eng kéier hei schwätzen, a virun allem iwwert dee grouse Konsens, deen hei ass. Ech mengen, mir sinn eis alleguerte queesch duerch de Gaart bewosst, wéi schwierig et fir de Konsument ass, sech ermëzefannen an engem Marché, deen ëmmer méi komplex gëtt, dee virtuell gëtt.

An deem Sënn sinn déi Efforten hei wierklech drop ausgeriicht, d'Prozedur méi schnell ze maachen, méi effikass ze maachen, d'Kontrolle virun allem unzepassen un de virtuelle Maart. Dat ass absolut net dat selwecht, wéi wann een an e Buttek Präis-kontrolle maache geet. An do brauche mer déi Moyenen, fir wierklech kënnen ënner enger falscher Identitéit déi selwecht Kontrollen ze maachen, déi mer am Analoge säit Jore fir eis Leit dobausse maachen.

Ech deelen och den Ureiz vum Här Mosar fir ze kucken, ob een net kann nach e bësselche méi zesummebréngen. Konsumenteschutz geet queesch duerch de Gaart an dat ass ganz gutt illustréiert, wann een hei déi Opzielung vun deenen ënnerschiddlechsten Autoritéite gesäit, déi zoustänneg sinn. Allerdéngs sinn och d'Theemeberäicher extreem ënnerschiddlech: Dat geet vu Finanzaktivitéiten, iwwer Liewensmittelsécherheet, iwwer Produktsécherheet. Et ass extreem breet gefächert. Historesch ass dat natierlech alles besat vun deels grouse Verwaltungen, déi do hir Routine dran hunn.





Mee et ass op alle Fall eng Suerg, déi mer och am Ministère deelen. Et war schonn eng Erausfuerderung, e Mapping ze hunn, fir emol eng Kéier eng Vue ze hunn op all d'Autoritéiten, déi concernéiert sinn. An dat ass eng vun eise Prioritéiten, och do derfir ze suergen, dass dat éischtens méi duerchsiichteg, méi transparent gëtt an idealerweis och méi effikass.

Ech soen dem Rapporteur och Merci fir dee ganz ausféierleche Rapport, dee gemaach ginn ass vun deenen eenzelnen Avisen. Ech ginn deemno och net méi do am Detail drop an. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7456. Den Text steet an den Documents parlementaires 7456<sup>14</sup> a 7456<sup>15</sup>.

Wéi eis de Rapporteur virdrun drop higewisen huet, hu sech Erreurs matérielles an den Text vum Projet de loi ageschlach. De Punkt 4 vum Artikel 4 ass gestrach ginn an de Rescht vun der Numerotatioun ass adaptéiert ginn. Beim Punkt 3 vum selwechten Artikel ass eng vergiesse Klammer derbäigesat ginn. De Staatsrot ass vun dësen Ännerungen a Kenntnis gesat ginn.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7456 et dispense du second vote constitutionnel**

Mir stëmmen elo iwwert den ofgeännerten Text of. D'Ofstëmmung fänkt un.

Mir kommen elo zum Vote par procuration. Et feelt nach een. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Misch, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## 6. Dépôt d'une motion par M. Laurent Mosar

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 7478, d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv iwwert d'Reglementatioun vu verschiddene Beruffer. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

Ech géif awer virdrun nach dem honorabelen Här Laurent Mosar d'Wuert gi fir den Depot vun enger Motioun.

**Exposé**

■ **M. Laurent Mosar (CSV), auteur.**- Här President, ech entschëllege mech och bei der Madamm Rapportrice. Ech sinn och direkt fäerdeg. Ech wollt just hei eng Motioun deposéieren, déi och matgedroe gëtt vun de Kollege vun der ADR an de Kollege vun de Privaten.

**(Hilarité)**

Piraten! Entschëllegt!

**(Brouhaha général)**

Piraten!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Op Englesch ginn et Privateers.

■ **M. Laurent Mosar (CSV), auteur.**- Den Här Clement an den Här Goergen hu verstan.

**(Hilarité)**

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- A Privateers sinn och Piraten. Vun dohier passt et dann awer e bëssen.

■ **M. Laurent Mosar (CSV), auteur.**- An zwar, Här President, geet et a sech ëm déi negativ Zësen, déi sech vun der POST vum 1. Januar vum nächste Joer u sollen applizéieren op Privatpersounen, mee awer och op d'Collectivité publique.

VLäicht ee Wuert Explikatioun. Dir wësst dat alleguerten: Et gëtt eng laangjäreg Traditioun, datt d'Pai vu de Staats- an de Gemengebeamten iwwer Joren ëmmer op de Postscheck bezuelt ginn ass. Et gëtt eng änlech Dispositioun, datt och iwwer Joren d'Dotation-budgétaires, déi d'Gemenge vum Staat kritt hunn, och ëmmer op dee Postscheck abezuelt gi sinn.

Déi Traditioun ass awer säit enger Rei vu Méint oder Joren ëmgeännert ginn. Déi kënnen entretemps och elo op en anere Bankekont verséiert ginn. Et bleift awer, datt ganz vill Gemengen- a Staatsbeamten, iwwregens och Gemengen, weider e Kont op der POST hunn. An duerfir ware se ëmsou méi erstaunt, wéi se elo virun e puer Deeg e Courier fonnt hunn, wou gesot ginn ass, datt se elo missten op hiren Depoten, déi iwwer 250.000 Euro sinn, an Zukunft 0,5 % Zënse bezuelen.

Wann ech elo just eng Kéier d'Stad Lëtzebuerg hei als Beispill huelen: Dat géif eis also eleng 350.000 Euro negativ Zënse kaschten.

**(Interruptions)**

Ech mengen, aner Gemenge kascht dat vläicht gradesou vill oder nach méi.

Mir mengen allerdéngs: Hei geet et ëm en Établissement public, wou de Staat ganz eleng, Här Minister - ganz eleng! -, Aktionär ass, dat dann elo déi Adaptatioun do vun deenen negativen Zënse virhëlt. Mir mengen, op där anerer Säit kritt de Staat Dividende vun der POST. A mir fannen et eigentlech net ganz normal, datt net nëmme Privatleit, mee

awer och ganz besonnesch d'ëffentlech Hand, d'Gemengen, elo an Zukunft also mussen negativ Zënse bezuelen.

Duerfir hu mer hei eng Motioun deposéiert, wou mer gär hätten, datt dat nach eng Kéier diskutéiert gëtt, datt d'Regierung eventuell och do nach eng Kéier bei der POST intervenéiert. Mir hunn och, wëll ech just soen, mengen ech, a 14 Deeg e Punkt um Ordre du jour vun der zoustänneger Kommissioun, wou dat och soll thematiséiert ginn. Mir mengen op jidde Fall, datt dat doten net glécklech wier. An duerfir géife mer hei nach eng Kéier e waarmen Appell un d'Regierung maachen, trotzdeem ze kucken, ob een do net kéint eng aner Léisung fannen.

Ech soen lech Merci.

**Motion**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que POST Luxembourg est un établissement public dont l'actionnaire unique est l'État luxembourgeois ;*

*- rappelant que lors de la présentation début octobre de sa nouvelle offre de services bancaires avec une nouvelle grille tarifaire des services financiers, POST Luxembourg a annoncé vouloir appliquer à partir du 10 janvier 2022 des taux d'intérêts négatifs de -0,5 % pour les dépôts supérieurs à 250.000 euros pour les clients particuliers et professionnels ;*

*- bien consciente que cette adaptation de la nouvelle grille tarifaire des services financiers s'explique par un environnement persistant des taux d'intérêts négatifs ;*

*- rappelant que pendant de longues années, les fonctionnaires ont toujours dû disposer d'un compte courant chez POST Luxembourg (CCP) pour recevoir leur rémunération et que les communes y ont reçu leur dotation budgétaire ;*

*- considérant que même si ce dispositif a été aboli entre-temps, les clients particuliers et professionnels ne devraient pas devoir payer de taux d'intérêts négatifs sur leur épargne,*

*invite le Gouvernement*

*- à inviter POST Luxembourg à suspendre la décision d'introduire des taux d'intérêts négatifs pour les dépôts supérieurs à 250.000 euros.*

*(s.) Laurent Mosar, Sven Clement, Fernand Kartheiser, Gilles Roth, Michel Wolter.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. Da kéime mer elo ...

**(Interruption par M. Claude Haagen)**

Den Här Claude Haagen.

■ **M. Claude Haagen (LSAP).**- Jo, merci, Här President, a merci och fir d'Motioun. Den Här Mosar huet scho gesot, datt mer Enn des Mounts, mengen ech, eng Reunioun hunn, déi souwisou virgesinn ass, mat de Verantwortleche vun der POST an och mam Wirtschaftsminister an eiser Wirtschaftskommissioun.

Ech géif proposéieren, Här Mosar, vu datt et e sensibelt Thema ass, déi Motioun an d'Kommissioun ze verweisen. Da setzen ech se do op den Ordre du jour an da kënne mer se och do debattéieren.

■ **M. Laurent Mosar (CSV), auteur.**- Très bien!

■ **M. Claude Haagen (LSAP).**- Wann dat fir lech an der Rei ass, da soe mir Merci an da maache mir dat.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

**Vote sur le renvoi de la motion en commission**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ass d'Chamber d'accord, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**(La motion est renvoyée à la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace.)**

## 7. 7478 - Projet de loi relatif à un contrôle de proportionnalité avant l'adoption d'une nouvelle réglementation de professions

Da kënne mer elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut kommen, dem Projet de loi 7478, wat eng Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv iwwert d'Reglementatioun vu verschiddene Beruffer ass. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

A prett steet elo schonn d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace**

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice.**- Majo merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, mat dësem Gesetzesprojet wäerte mer d'EU-Direktiv zum Contrôle de proportionnalité avant l'adoption d'une nouvelle réglementation de professions an eis national Gesetzgebung transposéieren. D'Direktiv schreift sech an an d'Prinzipie vun der Liberté professionnelle an der Liberté d'entreprise, déi an der Charta vun de fundamentale Rechter vun der Europäescher Unioun esou festgehale sinn.

Déi iwwergeuerdent Zilsetzung vun der Direktiv ass et, e gudd Fonctionnement vun eisem europäesche Marché unique sécherzestellen a gläichzäitig eng héich Protektioun vun de Konsumenten ze behalen. Deen Equilibre oprechtzeerhalen, war natierlech vun Ufank un eng schwierig Gradwanderung, wat mer och bei den Diskussiounen an der Kommissioun gemierkt hunn.

Fir d'éischt awer e puer Wieder zum politesche Kontext.

D'Direktiv, déi mer haut wäerte kënnen transposéieren - ech hoffen et op alle Fall -, ass eigentlech de Suivi vun enger fréierer Direktiv vun 2013, déi hirersäits d'Direktiv zur Reconnaissance des qualifications professionnelles modifizéiert hat. An d'Direktiv 2013/55/UE huet e Mechanismus en place gesat, deen eng géigesäitig Evaluatioun vun den nationale Règlementatiounen tëscht de Memberstaaten erméiglecht huet. Dësen Exercice huet zu enger exhaustiver Datebank zu de Professions réglementées gefouert, déi vun der EU-Kommissioun gëiert gëtt.

No engem präzise Kalenner hunn d'Memberstaate missen der EU-Kommissioun bis 2016 - bis zum 18. Januar, fir prezis ze sinn - eng detailléiert Lëscht mat deenen an hirer Gesetzgebung reglementéierte Beruffer eraginn.

Déi Lëscht huet och misse beschreiwen, wéi eng Aktivitéite genau déi jeeweileg reglementéiert Beruffer ofdecke kënnen. A sämtlech Beruffer, fir déi eng Verifikatioun vun de Qualifikatioune gesetzlech verankert ass, hu missen op enger zweeter Lëscht vermierkt sinn.

# De Petitiounssite vun der Chamber

Start Är eege Petitioun  
oder ënnerstëtzt aner Petitiounen  
mat Ärer Ënnerschrëft op  
[www.petitions.lu](http://www.petitions.lu).

Et ginn zwou Zorte  
vu Petitiounen:  
d'**Pétitions publiques** an  
d'**Pétitions ordinaires**.







## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

**Supplément commun aux quotidiens :**  
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

**Contenu rédactionnel :**  
Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

**Saisie de texte :**  
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

**Conception et mise en page :**  
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

**Concept et coordination générale :**  
brain&more, agence en communication, Luxembourg

**Imprimeries :**  
Mediahuis Luxembourg SA  
60, rue des Bruyères  
L-1274 Howald

Editpress SA  
Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll  
L-4361 Esch-sur-Alzette

Doriwwer eraus hunn d'Memberstaaten och missen analyséieren, ob hir national Exigenzen, déi den Accès op reglementéiert Beruffer limitéiert hunn, op allen Niveaux d'Prinzipie vun der Netdiskriminatioon a vun der Verhältnisméissegkeet géife respektéieren.

Nei Exigenzen hunn der EU-Kommissioun net nëmme musse matgedeelt ginn, mee zousätzlech dozou och musse justifiéiert ginn. Op där anerer Säit hunn d'Memberstaaten och iwwer Lackerunge vun nationale limitativen Dispositiounen mussen informéieren.

D'Auswärtung vun dësem breeden Evaluatiounsprozess huet erginn, dass engersäits de Volume vu Reglementatiounen an der Europäescher Unioun nach zimmlech héich ass. An andersäits huet sech och erausgestallt, dass et signifikant Ënnerscheeder gëtt tëscht den europäesche Memberstaaten an der Appreciatioun vun der Verhältnisméissegkeet vun der Reglementatioun zu de betroffene Beruffer.

Esou kënn et also, dass déi nammlecht Profession reglementéiert am Numm vun deem nammlechten Intérêt national ganz ënnerschiddlech reglementéiert ass vun engem Memberstaat zum anerem. Aus deem Grond hunn de Conseil an d'EU-Parlament decidéiert, eng harmoniséiert Evaluatioun vun der Verhältnisméissegkeet vu legislativen, reglementairen oder reng administrativen Dispositiounen an der ganzer EU anzeféieren, iert dës Dispositiounen iwwerhaupt adoptéiert sinn.

Här President, déi Dispositiounen, ëm déi et hei geet, kënnen ganz ënnerschiddlech Formen unhuelen: d'Fro vun der Form juridique, d'Obligatioun vun engem gewëssene Mindestkapital, fir sech ze lancéieren, oder zum Beispill ganz prezis definéiert Reegelen, wéi een däréif Publicitéit fir seng Aktivitéit maachen.

Elo awer zur Direktiv. Si stellt also d'Reegelen op fir den obligatoreschen Examen de proportionnalité, deen an de Memberstaate muss gemaach gi virun der Adoptioun vun all neier Reglementatioun oder der Modifikatioun vun enger bestoender Reglementatioun. Fir d'Duerchféierung vum Examen de proportionnalité gëtt et deemno en harmoniséierte Kader, dee muss applizéiert ginn, egal ob déi Dispositioun, déi op hir Verhältnisméissegkeet gepréift gëtt, administrativer, reglementair oder legislativer Natur ass.

D'Direktiv stellt kloer, dass déi restriktiv Dispositiounen zu de Professions réglementées net duerfen diskriminatoresch si par rapport zur Nationalitéit oder par rapport zum Lieu de résidence. Doriwwer eraus muss se e generellen Intérêt verrieden. Schlisslech muss se och wierklech dozou déngen, dat deklaréiert Zil ze erreechen, wat hei definéiert ass. A si duerfen net iwwert deen Degré de réglementation erausgoen, dee wierklech néideg

ass, fir dat Zil och ze erreechen. Reng wirtschaftlech Consideratiounen gi vun der Direktiv als Begrënnung fir nei oder erweidert Restriktiounen net unerkannt.

De Gesetzesprojet iwwerhëlt an den Artikel 4, 5 a 6 déi dräi grouss Prinzipie vun der Netdiskriminatioon, vum Intérêt général a vun der Verhältnisméissegkeet. Fir den Intérêt général, dee bei enger neier restriktiver Dispositioun bestoe muss, gëtt et eng net exhaustiv Lëscht vu Modifikatiounen: d'ëffentlech Sécherheet, d'ëffentlech Gesondheet, d'Protektioun vun de Konsumenten, d'Loyautéit vu kommerziellen Transaktiounen, d'Sécherheet vum Transport, d'Propriété intellectuelle oder och nach den Ëmweltschutz.

De Gesetzesprojet definéiert och déi wichtegst Modalitéite par rapport zum Examen de proportionnalité. All restriktiv Dispositioun zu de Professions réglementées, onofhängeg vun hirer Natur an hirem Auteur, muss un de Point de contact national goen, esou wéi et am Artikel 8 vum Gesetzesprojet virgesinn ass. De Point de contact national ënnerläit der Tutelle vum Wirtschaftsministerium.

D'Missioun vum Point de contact national besteet an éischter Linn doran, den Echange vun den Informatiounen ze assuréieren an deene Matière, déi vun dësem Gesetzesprojet beträff sinn.

Derniewent kontrolléiert de Point de contact national awer och den Examen de proportionnalité vun Akten, déi vun den Organismes professionnels a vun Établissements publics duerchgefouert gi sinn. Hei huet de Point de contact national ee Mount Zäit, fir säin Avis zum Examen de proportionnalité ofzeginn. D'Viraussetzung ass et natierlech, dass all déi relevant Piécen och bruecht gi sinn.

Wat den Examen de proportionnalité vun administrativen Dispositiounen, déi vun engem Minister kommen, ubelaangt, gëtt d'Verifikatioun vun enger onofhängeger Kommissioun assuréiert. Dëst ass en cours de route esou decidéiert ginn, fir dass mer kënnen d'Onofhängegkeet vun der Verifikatioun vum Examen de proportionnalité garantéieren.

Dës Kommissioun wäert och d'Conformitéit vum Examen de proportionnalité iwwerpräiwe par rapport zu groussherzogleche Reglementer, déi am Kader vun enger Procédure d'urgence geholl ginn. D'Kommissioun huet da fënnef Deeg Zäit, fir hiren Avis zum Examen de proportionnalité ofzeginn. Och wann d'Zréckgräifen op d'Procédure d'urgence éischter rar ass, esou huet eis d'Pandemie gewisen, dass et awer ka Situatiounen ginn, wou groussherzogleche Reglementer en urgence mussen ëmgeännert ginn. Also huet ee missen dorobber preparéiert sinn.

De Staatsrot assuréiert sengersäits d'Verifikatioun vum Examen de proportionnalité zu engem Projet de loi, zu enger Proposition de loi an och zu engem reguläre Projet de règlement grand-ducal. De Gesetzesprojet hält par ailleurs a sengem Artikel 7 fest, dass am Fall, wou et pertinent an ubruecht ass, eng ëffentlech Consultatioun kann organiséiert ginn, iert déi nei restriktiv Dispositioun agefouert gëtt.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis fënnef Opposition-formellen zum Ausdrock bruecht. Esou hat en ënner anerem monéiert, dass am Artikel 3 zur Obligatioun vum Examen de proportionnalité de Fall vun enger Proposition de loi duerch en Deputéierte respektiv duerch eng Deputéiert net virgesi war. Dat nammlecht gëllt fir administrativ Decisiounen.

Gläichzäiteg huet de Staatsrot sech berechtigterweis och dru gestéiert, dass bei der Opleschung vum Intérêt général um Niveau vum Artikel 5 d'Formulatioun esou war, dass ee konnt dovunner ausgoen, dass just déi schwaarz op wäiss genannte Krittären als Intérêt général géife gëllen.

Beim Artikel 8 Paragraf 3 war de Moment vun der Transmissioun vun neier restriktiven Dispositiounen vun engem Organisme professionnel un de Point de contact dem Staatsrot net kloer genuch definéiert, fir de Contrôle ex ante vum Examen de proportionnalité kënnen ze garantéieren.

An alle Fäll konnte mir awer den Text verbessern. Mir hunn och laang dorunner geschafft a konnten esou eng méiglechst exakt Transpositioun vun der Direktiv sécherstellen.

A sengem éischten Avis complémentaire huet de Staatsrot d'Necessitéit vun enger Prozedur fir e Règlement grand-ducal am Kader vun enger Procédure d'urgence virun Ae gefouert. Och dëst hu mir ëmgesat.

A sengem zweeten Avis complémentaire hat de Staatsrot nach gemengt, et dierft een de Contrôle vun engem Examen de proportionnalité am Fall vun engem Règlement grand-ducal am Kader vun enger Procédure d'urgence net dem Point de contact national iwwerloossen, well an deem Fall d'Indépendance net ëmmer garantéiert wier. Och dëst hu mer nogebessert an déi Responsabilitéit der Commission indépendante zougewisen.

Mam drëtten Avis complémentaire sinn all d'Froen zum Fong vum Gesetzesprojet gekläert gewiescht, wat eis natierlech vill Freed gemaach huet.

Ech wëilt zum Schluss nach bemerken - well de Staatsrot, genee wéi och d'Chambre de Commerce an aner Beruffskummeren dëst a regelméisseg Ofstänn kommentéiert hunn -, dass et zwar effektiv esou ass, dass dräi verschidden Entitéiten en charge si vun engem Contrôle vum Examen de proportionnalité, mee dass dëst seng Berechtigung huet, well déi restriktiv Dispositiounen jo eng ganz ënnerschiddlech institutionell Natur an och en ënnerschiddlechen institutionellen Ursprung hunn. Dëst muss och kënnen um Niveau vum Contrôle vun der Proportionalitéit berücksichtegt ginn. An dofir ass et zu deem komm, wat och elo am Gesetz steet.

No all dësen dach awer relativ techneschen Explikatiounen hoffen ech, dass dëse Gesetzesprojet am Sënn vun engem gesonden Equilibre tëscht der Liberté professionnelle an de Qualitéitsstandarde bei der Ausübung vu bestëmmte Beruffer eng breet Majoritéit fënn. Ech soen dann och Merci an ech ginn och gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Une voix.** - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Madamm Rapportrice Lydia Mutsch.

An ech géif direkt d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Laurent Mosar, ginn.

### Discussion générale

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, merci, Här President. Och merci der Rapportrice. An ech mengen, si verdéngt wierklech e ganz grouse Merci de Mëten, well déi Diskussiounen waren extreem komplizéiert. Et ass eng Matière, déi wierklech schwéier verdaulech ass, well sech hei zwéi wichteg Prinzipien, nämlech dee vun der Proportionalitéit an dee vun der Subsidiaritéit, zum Deel kräizen.

Ech muss och einfach soen, dass deen éischte Projet de loi oder déi éischt Mouture vum Projet de loi wierklech net perfekt war, an déi huet eng ganz Rei vu Problemer opgeworf - duerfir jo och eng ganz Rei vun Opposition-formellé vum Staatsrot, déi do komm sinn. An, wéi gesot, et war net ganz einfach, do wierklech e Wee ze fannen, deen eis laanscht all déi Obstakelen do gefouert huet. Dofir, wéi gesot, e ganz, ganz grouse Merci fir d'Madamm Mutsch, déi wierklech hei eng exzeptionell gutt Aarbecht geleescht huet.

Ech brauch och elo net weider nach eng Kéier op de Projet anzegoen. Si huet dat, mengen ech, hei ganz gutt resuméiert. Ech hu just fonnt - an dat hu mer och an den Diskussiounen gemierkt -: Et war relativ vill Panik ee Moment bei alle Profession-règlementéien, déi e bëssen d'Gefill hunn oder haten, dass dat heiten fir si awer eng ganz schwierig Ëmsetzung kéint ginn. Ech hoffen, dass dat net wäert de Fall sinn. Ech hoffen och do op eng pragmatesch Uwendung vun deene Gesetzestexter, och par rapport zu deene Profession-règlementéien.

Fir eis ass dat heiten awer en extreem wichtegt Gesetz, well et hei virun allem, an dat ass gesot ginn, géint Diskriminatioon op der Aarbechtsplaz geet. Duerfir wäerte mir och dësem Projet de loi eis Zoustëmmung ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Mosar. Da wier et um honorabelen Här Guy Arendt.

■ **M. Guy Arendt (DP).** - Merci, Här President. Ech mengen, et ass net méi vill bäizefügen. D'Madamm Mutsch huet en exzellente Rapport gemaach, schréfflech wéi mëndlech. Ech soen hir och dofir villmools Merci. Wéi gesot, et ass alles gesot. Den Här Mosar huet nach e puer Wuert derbäigefléckt, deenen ech och nëmme kann zoustëmmen. An ech géif och do den Accord gi vun der DP-Fraktioun.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Guy Arendt. Ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Charles Margue.

■ **M. Charles Margue (déi gréng).** - Merci, Här President. E ganz grouse Merci un d'Rapportrice, fir an deem komplizéierten Dossier endlech Kloer-siicht ze schafen, well mir hu bal vu lauter Beem de Bësch net méi gesi vun deem, wat do sollt erauskommen. An all deene Sitzungen huet ee sech dann drageknéit an dann ass et awer erëm, wéi de Laurent Mosar sot, immens schwéier gewiescht dranzebleiwen.

Duerfir sinn ech frou, dass mer elo en bon port sinn. Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun an ech hoffen, dass all déi Beruffsstänn, déi eis esou vill sollicitéiert hunn - dat muss een och soen -, elo zefridde sinn!

(Hilarité)

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Charles Margue. An dann ass d'Wuert fir den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, merci, Här President. An och merci der Madamm Mutsch fir hire Rapport.

Also, et ass esou, dass jo elo net nëmme d'Professioune selwer, déi viséiert sinn, hei ganz kritesch Rapporte geschriwwen haten, mee och d'Chambre des Métiers, d'Chambre des Salariés hu sech zu Wuert gemellt. D'ULC och, also d'Union luxembourgeoise des consommateurs. An déi Kriticke si wuel fondéiert a konnten och net all während den Aarbechten ausgeraumt ginn.

Et muss ee scho gesinn, dass dat hei e Gesetz ass, wat u sech géint de Subsidiaritéitsprinzip an der Europäescher Unioun verstéisst. Et ass ganz intrusiv par rapport zu der Souveränitéit vun de Memberstaaten. Et ass och intrusiv, wat d'Matière selwer ugeet, well et net nëmme legal ..., also Gesetzer hei och enger europäescher Kontrol ënnerworf sinn, mee och Reglementer a souguer administrativ Akten. Et geet also extreem wäit an der Intrusioun, souguer an déi national Legislativ- an Exekutivakten. Dat ass dat Éischt, wat ee muss gesinn.


Dat Zweet ass, dass et och esou ass, dass mer eng extreem bürokratesch Prozedur hei schafen. Ech mengen, d'Madamm Mutsch huet erkläert, wéi vill verschidden Instanzen do intervenéieren. Dat ass wierklech eng grouss Bürokratie, wou et och no deenen Echoen, déi mer kréien, nach guer net kloer ass, wat da geschitt, wann e Refus kënn an esou weider. Also, do sinn nach ganz vill Onsécherheeten an et misst ee wierklech kucken, fir iwwerhaupt esou Prozeduren esou einfach, esou transparent wéi méiglech ze maachen. Dat hei ass éischter net de Fall.

Dann ass et och nach net kloer, wéi eng Beruffer iwwerhaupt viséiert sinn. Dat ass op jidde Fall d'Meenung vun der Chambre des Métiers. Och do gëtt et Onsécherheeten, déi vläicht nach musse gekläert ginn.

Dann ass et jo esou, dass wat Lëtzebuerg ugeet, hei iwwerhaupt keng dissuasiv Reegelunge bestinn. Mir hu jo och ganz vill auslännesch Entreprises, och an deene Professiounen, déi hei viséiert sinn, déi sech hei niderloossen. Et ass einfach: Lëtzebuerg ass oppen. Et ass, sproochlech gesinn, ganz einfach, sech hei niderzeloossen - net wéi an anere Memberlänner vun der Europäescher Unioun, wou dat effektiv ka méi komplizéiert sinn. Hei ass dat guer net de Fall, soudatt mer, mengen ech, hei e ganz oppent Ëmfeld hu fir auslännesch Professions réglementées, déi sech och wëllen hei niderloossen.

De Risiko bei deem Ganzen ass, dass mer den héije Standard einfach diluieren. Dat ass och déi Angscht, déi eng Rei vu Beruffgruppen eis matgedeelt hunn duerch déi verschidden Avisen oder duerch Kontakter, déi mer eeben haten: Dat ass, dass mer deen héije Standard, also d'Protektioun vum Consommateur duerch eng gutt Qualitéit an deene verschiddene Beruffer, net méi esou kënnen assuréieren, wann en Drang zur Liberalisierung besteet, deen dann op Käschte vun der Qualitéit geet. Dat kann et natierlech och net sinn.

Am Prinzip denke mir, dass et gutt ass, op esou Sachen ..., dass mer och keng Konkurrenzverzerrungen an der Europäescher Unioun wëllen - dat ass alles an der Rei -, dass eng Nidderlassungsfräiheet an all Beruff soll garantéiert ginn; och domadder si mer







d'accord. Mee déi Intrusioun hei an awer national - oder och vun de Beruffsstänn - Kompetenzen schéngt eis esou disproportionéiert ze sinn, datt mir als ADR hei dëse Projet net wäerte matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Dës Kéier vergiessen ech den honorabelen Här Sven Clement net. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Gesetzesprojet war alles anescht wéi eng liicht Gebuert. Et war eng schwéier Gebuert! Dat muss een an aller Éierleckeet zouginn, wéi d'Madamm Rapportrice, déi mat där schwéier Gebuert betraut war, dat awer ganz gutt hei accouchéiert huet - zumindest de Rapport accouchéiert huet.

**(Interruptions et hilarité)**

D'Chamber krut eng Hellewull un Avice vun Interesseverbänn an och vum Staatsrot. Schlussendlech huet d'Kommissioun sech op en Text gëeenegt, iwwert dee mer haut dann ofstëmme mussen.

Fir d'éischt emol zu de Punkten, déi d'Piraten begrëssen, well där gëtt et.

Mir Piraten fannen et gutt, datt net aus reng ekonomeschen oder administrative Grënn dierfe Limitatiounen fir e Beruffsstand agefouert ginn. Ech denken hei zum Beispill un e Beispill aus der Belsch, wou d'Medezinnsstudenten net konnten als Dokter praktizéieren, well de belsche Staat net méi INAMI-Nummere wollt erausginn. Dëst schuet engem Land nëmmen an dat dierf eis hei net geschéien.

Mir fannen et och gutt, datt nieft der onofhängeger Kommissioun, déi den Examen de proportionnalité mécht, och Beruffsverbänn fir hiren Avis gefrot ginn, wann dann eng Ännerung usteet.

Leider gëtt et awer och Dispositionen an dësem Gesetz, déi mer méi kritesch gesinn.

Här President, d'Zil vun dëser EU-Direktiv ass et, méi eenheetlech Reegele fir all Beruffer a ganz Europa ze schafen. Eist Zil zu Lëtzebuerg muss sinn, datt d'Prozeduren net laangwiereg, ontransparent an onnéideg komplizéiert ginn. Wéi kënnen mer dëst erreechen?

An den Ae vun de Piraten mussen Experten, also Juristen, gradewéi Persounen, déi scho Joerzéngten an engem Beruffsstand aktiv sinn, d'Analys vum Examen de proportionnalité kënnen maachen a se mussen dës esou fréi wéi méiglech maachen. Esou, wéi den Text elo virläit, gëtt d'Kommissioun nëmme saiséiert, wann d'Regierung eng Proposition virleet. A si ka sech leider net selwer saiséieren. Dat fanne mer schued.

Och schued ass, datt et nëmmen eng Ënnersichung virum Aféiere vun den neie Reegelen an eng duerno gëtt, an net, wéi de Staatsrot et och virgeschloen hat, e kontinuierleche Contrôle duerno. Well wéi

mer all wëssen, ännert sech d'Welt ronderëm eis konstant a gefillt och an engem méi séieren Tempo. Duerfir misst reegelméisseg analyséiert ginn, ob d'Konditiounen, déi haut fir e Beruffsstand gëllen, och muer nach Sënn maachen.

Ee Beruff kann duerch d'Digitaliséierung an Zukunft eng méi héich oder eng manner héich oder einfach nëmmen eng aner Aart vun Ausbildung erforderen. Hei muss Lëtzebuerg duerch e Contrôle continu séchergoen, datt mer mat der Zäit ginn an net stoebleiwen.

Fir dëst Zil ze erreechen, muss awer nach op engem anere Punkt geschafft ginn: D'Leit - an dat betrëfft virun allem déi Jonk, déi nach virun der Entscheedung stinn, wat se spéider am Beruffsliewe maache wëllen - mussen kloer informéiert ginn, wat fir Krittäre fir wat fir e Beruffsstand gëllen. A se mussen och informéiert ginn, wann eppes un de Krittäre fir hire Beruffsstand ännert. Hei si konstant Informationscampagnen also eng absolutt Noutwendegkeet.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, un dësem Gesetzestext huet vill a laang misse geschafft ginn. An ech muss hei soen, datt mir Piraten net dovun iwwerzeegt sinn, datt dësen Text spéiderhin um Terrain d'Spuer wäert halen an am Interêt vun de Biergerinnen a Bierger ëngesat ka ginn.

Duerfir kënnen mir Piraten dësen Text haut net matstëmmen. Mir wäerten eis enthalten. Et ass eng Transposition, do ass e groussen Deel vum Problem schonn an eise Schouss getässelt ginn, ouni datt mer vill Afloss drop haten.

Fir eis ass et net kloer, ob dëse Projet net awer d'Prozedure méi laangwiereg mécht, méi onduerschichteg oder méi komplizéiert. Mir hoffen op de Géigendeel. Mee ouni déi praktesch Konsequenzen ze kennen an haut scho viraussoen ze kënnen, kënnen mir dëst Gesetz net matdroen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie.**- Merci, Här President. Virop e grousser Merci un d'Lydia Mutsch, d'Rapportrice, wat dëse ganz technesche Projet ganz gutt an am Detail resuméiert huet. Dat erlaabt mir dann, mech ganz kuerz heizou ze faassen.

Och merci den aneren Deputéierten, déi sech heizou elo am Plenum geäussert hunn, och kritesch geäussert hunn, an och merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun. Et war effektiv en Text, den net einfach war, well eng Partie Avis-complémentaires do ware vum Staatsrot, déi net ëmmer en ligne ware mat de Positionen vum Wirtschaftsministerium.

Ech mengen awer trotzdem, dass mer et fäerdegbruecht hunn, hei en equilibréierten Text fäerdegzekeréien, den eppes mécht, wat mer u sech scho ganz laang hunn am europäesche Recht: nämlech e Proportionalitéitscontrôle, dee schonn am Traité vu Roum vun 1957 verankert war. Et ass en Text, dee Suerg dréit, dass d'Barriären, déi et gëtt bei reglementéierte Beruffer, kënnen ofgeschaaft ginn.

Et ass och en Text, dee viséiert, dass mer e bessere Fonctionnement vum Marché intérieur kréien. A mir hunn, mengen ech, alleguerte gesi während der Pandemie, dass et eng Rei Länner gouf, déi de Marché intérieur net méi respektéiert hunn an dass et Entravé gouf zum Marché intérieur. Duerfir mengen ech, dass dat heiten eppes ass, wat - wéi gesot - der Suerg, en effikasse Bannemaart ze hunn, dee mer ëmmer verteidegt hunn als Lëtzeburger Regierung, wierklech och ganz kloer Rechnung dréit.

Mir haten - an dat ass ugeschwat ginn - eng Partie Kriticken, Suerge bei reglementéierte Beruffer, dass dat heite géif hir Independance touchéieren, tangéieren an dass hei géif en fait eng Immixtioun erakommen an hir fräi Organisatioun, hir Autoreglementatioun.

Ech mengen, et muss een nach eng Kéier betounen, dass dee Contrôle, den hei stattfënnt, dee Contrôle de proportionnalité, e reng formelle Contrôle ass. D'Affekoten, alleguerten déi aner reglementéiert Beruffer behale selwer den Examen de proportionnalité quant au fond. Dat heescht, si maachen Avisen an déi gi reng formell kontrolléiert vun deem nationale Kontaktpunkt. Do gëtt kee Contrôle gemaach, keen neie Contrôle, quant au fond. Dat gëtt eng reng formell Verifikatioun. An dat ass dat - ni plus, ni moins -, wat d'Direktiv virgesäit. Mir sinn do also dorunner gebonnen.

Ech mengen net, dass dat heiten dozou féiert, dass mer elo nach méi Längten an eis Prozedure kréien. Wéi gesot, dat hei ass elo eng pragmatesch Aart a Weis, un den Exercice do erunzegoen, den eis vun enger Direktiv imposéiert gëtt.

De Staatsrot hätt léiwer gesinn, wa mer hei eng eenzeg Autoritéit genannt hätten, fir den Exercice ze maachen. Abee, ech mengen, et ass besser, et mécht een dat um Niveau vun all deene verschiddenen Autoritéiten, déi och scho virdru mat där Matière befaasst waren. Déi hunn den Knowhow, déi maachen dat méi effikass. An ech mengen, dat ass nach wie vor eng méi effikass a pragmatesch Lösung wéi déi, déi de Staatsrot proposéiert huet. Ech mengen deemno net, dass dat heiten elo zu enger Méilaascht féiert, mee au contraire am Fong eng relativ pragmatesch Aart a Weis ass, fir den Text hei ëmzesetzen. Ech mengen och, dass d'Zukunft dat wäert weisen. Dir hutt Recht: Et muss een natierlech ëmmer vigilant bleiwen a kucken, wéi sech dat duerno an der Praxis auswierkt, a gegebenefalls nobesseren. Dat wäerte mer och ganz kloer maachen.

Merci op alle Fall trotzdem fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Gesetz.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Diskusioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7478. Den Text steet am Document parlementaire 7478<sup>28</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7478 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un.

De Quorum ass erreecht. Mir kommen elo zum Vote par procuration.

De Projet de loi ass mat 52 Jo-Stëmme bei 6 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen uegoll.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Serge Wilmes (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Gilles Roth) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 18., 19., 20. an 21. Oktober virgesinn. D'Sitzung ass opgehewen.

**(La séance publique est levée à 16.17 heures.)**

Sommaire des séances publiques n°s 1, 2, 3 et 4

**1<sup>re</sup> séance**

|                                                                                                                                     |        |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|--------|
| Ouverture de la séance publique .....                                                                                               | p. 1   |
| Clôture de la session ordinaire 2020-2021 et ouverture de la session ordinaire 2021-2022 .....                                      | p. 1   |
| Composition des organes de la Chambre des Députés .....                                                                             | p. 1   |
| Changements de composition d'une délégation parlementaire luxembourgeoise auprès d'une assemblée parlementaire internationale ..... | p. 1   |
| Discours de M. le Président .....                                                                                                   | p. 1   |
| Communications .....                                                                                                                | p. 1-2 |
| Ordre du jour .....                                                                                                                 | p. 2   |
| Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.....               | p. 2-8 |

**2<sup>e</sup> séance**

|                                                                       |          |
|-----------------------------------------------------------------------|----------|
| Ouverture de la séance publique .....                                 | p. 8     |
| Hommage à la mémoire de M. Jup Weber, Député honoraire.....           | p. 8     |
| Débat sur la politique générale sur l'état de la nation.....          | p. 8-28  |
| Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement.....               | p. 28    |
| Débat sur la politique générale sur l'état de la nation (suite) ..... | p. 28    |
| Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement.....               | p. 28    |
| Débat sur la politique générale sur l'état de la nation (suite) ..... | p. 28-29 |

**3<sup>e</sup> séance**

|                                            |          |
|--------------------------------------------|----------|
| Ouverture de la séance publique .....      | p. 29    |
| Débat sur l'état de la nation (suite)..... | p. 29-42 |
| Ordre du jour .....                        | p. 42    |

**4<sup>e</sup> séance**

|                                                                        |       |
|------------------------------------------------------------------------|-------|
| Ouverture de la séance publique .....                                  | p. 43 |
| 7728 - Projet de loi portant approbation des modifications :           |       |
| 1° à la Convention relative aux transports internationaux ferroviaires |       |

|                                                                                                                                                                                                                                                                                                                     |          |
|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|----------|
| du 9 mai 1980 dans la teneur du Protocole du 3 juin 1999, y compris l'adoption du nouvel appendice H, et des modifications adoptées par la Commission de révision lors de sa 26 <sup>ème</sup> session, tenue à Berne, les 27 et 28 février 2018 ;                                                                  |          |
| 2° aux appendices E et G de la convention précitée, apportées lors de la 13 <sup>ème</sup> Assemblée générale de l'Organisation intergouvernementale pour les transports internationaux ferroviaires, tenue à Berne, les 25 et 26 septembre 2018 .....                                                              | p. 43-44 |
| Désignation d'un candidat pour un poste de conseiller d'État.....                                                                                                                                                                                                                                                   | p. 44    |
| Renouvellement des mandats de deux conseillers de la Cour des comptes .....                                                                                                                                                                                                                                         | p. 44    |
| 7456 - Projet de loi portant modification :                                                                                                                                                                                                                                                                         |          |
| 1° du Code de la consommation ;                                                                                                                                                                                                                                                                                     |          |
| 2° de la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments ;                                                                                                                                                                                         |          |
| 3° de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques ;                                                                                                                                                                                                                                             |          |
| 4° de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique ;                                                                                                                                                                                                                                           |          |
| 5° de la loi modifiée du 24 mai 2011 relative aux services dans le marché intérieur ;                                                                                                                                                                                                                               |          |
| 6° de la loi modifiée du 23 octobre 2011 relative à la concurrence ;                                                                                                                                                                                                                                                |          |
| 7° de la loi modifiée du 23 décembre 2016 sur les ventes en soldes et sur trottoir et la publicité trompeuse et comparative ;                                                                                                                                                                                       |          |
| en vue de la mise en œuvre du règlement (UE) 2017/2394 du Parlement européen et du Conseil du 12 décembre 2017 sur la coopération entre les autorités nationales chargées de veiller à l'application de la législation en matière de protection des consommateurs et abrogeant le règlement (CE) n° 2006/2004 ..... | p. 44-46 |
| Dépôt d'une motion par M. Laurent Mosar .....                                                                                                                                                                                                                                                                       | p. 46    |
| 7478 - Projet de loi relatif à un contrôle de proportionnalité avant l'adoption d'une nouvelle réglementation de professions .....                                                                                                                                                                                  | p. 46-48 |





Sommaire

| Question n°  | Auteur                                                | Objet                                                                                                       |
|--------------|-------------------------------------------------------|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| 5337         | Carole Hartmann                                       | Avancement du classement comme monument national du site de la « Petite Marquise » à Echternach             |
| 5350         | Josée Lorsché, Djuna Bernard                          | Installation de distributeurs de produits hygiéniques dans les établissements scolaires publics             |
| 5393         | André Bauler                                          | Villa de Schieren « Op der Wieschen »                                                                       |
| 5425         | Jeff Engelen                                          | Augmentation du temps de travail dans le secteur de la santé durant la crise sanitaire                      |
| 5435         | Jeff Engelen                                          | Surplus de décès                                                                                            |
| 5436         | Jeff Engelen                                          | Nombre de tests Covid-19 positifs des professionnels de la santé                                            |
| 5490         | Gusty Graas, Max Hahn                                 | Transformation de certains lampadaires en bornes de recharge pour véhicules électriques                     |
| 5525         | Marc Goergen                                          | Déchets radioactifs                                                                                         |
| 5537         | Djuna Bernard, Marc Hansen                            | Recensement statistique de vaccinations à l'étranger des étudiants luxembourgeois                           |
| 5538         | Gilles Baum, André Bauler                             | Camion du type « Eco combi »                                                                                |
| 5550         | Martine Hansen                                        | Sécurité routière                                                                                           |
| 5551         | Sven Clement                                          | Commission spéciale de réexamen de l'ADEM                                                                   |
| 5558         | Fred Keup                                             | Annulation de classes de neige                                                                              |
| 5561         | Jeff Engelen                                          | Protection des données dans le cadre de la vaccination contre la Covid-19                                   |
| 5562         | Marc Lies                                             | Langues utilisées pendant les vols Luxair                                                                   |
| 5568         | Mars Di Bartolomeo                                    | Prix des produits pétroliers                                                                                |
| 5574         | Francine Closener                                     | Abus sexuels au sein de l'Église catholique                                                                 |
| 5579         | Laurent Mosar                                         | Imposition des cryptomonnaies                                                                               |
| 5594         | Fred Keup                                             | Piste cyclable le long de l'A3                                                                              |
| 5604         | Sven Clement                                          | Attaques informatiques du type « phishing »                                                                 |
| 5630         | Nancy Arendt épouse Kemp                              | Plan national de lutte contre le tabagisme                                                                  |
| 5632         | André Bauler                                          | Commission payée aux agences immobilières                                                                   |
| 5640         | Gusty Graas                                           | Situation humanitaire en Afghanistan                                                                        |
| 5643         | Roy Reding                                            | Recensement national 2021                                                                                   |
| 5648         | Jeff Engelen                                          | Augmentation des tarifs du parking Gernsback                                                                |
| 5649         | Nathalie Oberweis                                     | Ventes publiques de biens immobiliers                                                                       |
| 5651         | Paul Galles                                           | Recettes de la taxe sur le CO <sub>2</sub>                                                                  |
| 5655         | Marc Spautz, Michel Wolter                            | Concepts sanitaires des maisons de retraite et de soins                                                     |
| 5656         | Mars Di Bartolomeo                                    | Application de taux de TVA réduits aux produits nécessaires à la lutte contre la pandémie du virus Covid-19 |
| 5660         | Nancy Arendt épouse Kemp                              | Maladie de Lyme                                                                                             |
| 5663         | Roy Reding                                            | Bureaux de poste                                                                                            |
| 5680         | Semiray Ahmedova                                      | Approvisionnement et sécurité énergétique                                                                   |
| 5682         | Sven Clement                                          | Enquête sur le bénévolat au Luxembourg                                                                      |
| 5684         | Fernand Kartheiser                                    | Récents incidents à Differdange                                                                             |
| 5692         | Fernand Kartheiser                                    | Situation humanitaire en Syrie                                                                              |
| 5693         | Gilles Roth, Diane Adehm, Serge Wilmes, Laurent Mosar | Congé syndical                                                                                              |
| 5698         | Sven Clement                                          | Rencontre entre le Grand-Duc Henri et le Président de la Chine                                              |
| 5699         | Sven Clement                                          | Contrats zéro heure dans le secteur communal                                                                |
| 5701         | Jeff Engelen                                          | Formation des chauffeurs professionnels au Centre de formation pour conducteurs à Sanem                     |
| 5704         | Jeff Engelen                                          | Vaccins contre la Covid-19                                                                                  |
| 5706         | Claude Wiseler                                        | Certificats de vaccination en provenance de l'Inde                                                          |
| 5708         | André Bauler                                          | Commission des sites et monuments nationaux                                                                 |
| 5716         | Octavie Modert                                        | Promotion de la littérature dans l'enseignement secondaire                                                  |
| 5738         | Max Hengel                                            | Statistiques sur le tourisme                                                                                |
| 5743         | Fred Keup                                             | Tours de la Brasserie de Diekirch                                                                           |
| 5750         | Marc Goergen                                          | Policiers à vélo                                                                                            |
| 5764         | Martine Hansen                                        | Suivi « renard »                                                                                            |
| 5851         | Fernand Kartheiser                                    | Propos du Ministre des Affaires étrangères et européennes envers le Président de la fédération de Russie    |
| 6253 urgente | Nathalie Oberweis                                     | Participation d'athlètes africains à l'édition 2022 du ING Night Marathon                                   |

**Question 5337** (02.12.2021) de **Mme Carole Hartmann** (DP) concernant l'avancement du classement comme monument national du site de la « Petite Marquise » à Echternach :

No den historeschen archeologeschen Entdeckungen, déi zu lechternach bei der fréierer „Petite Marquise“ gemaach goufen, huet d'Madamm Kulturministesch an engem Brëif vum 30. Abrëll 2021 proposéiert, dëse Site als Monument national ze klasséieren.

Souwuel am lechternacher Gemengerot vum 8. November 2021, wéi an engem Presseartikel vum 22. November 2021, hunn de Buergermeeschter an éischte Schäfte vum der Stad lechternach sech doriwwer geiergert, dass déi archeologesch Aarbechten um Site ëmmer nach net ofgeschloss sinn an dass d'Stad lechternach vum Kulturministère géif higehele ginn. Et léichen dem Schäfferot och nach keng Rapporte vun den Archeologen an Experte vir. Déi verlueere Méint géifen d'Stad lechternach a senger Entwécklung bremsen an hätte fir d'Gemeng och en immens héije Käschtepunkt.

An deem Kader wollt ech der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:

1. Wéi wäit ass d'Prozedur vum Klasement vum Site vun der fréierer „Petite Marquise“ fortgeschratt? Sinn entre-temps d'Avisé vun der Commission des Sites et Monuments (COSIMO) an der Stad lechternach erakomm? Wat sinn déi nächst Schrëtt an dëser Prozedur? Wéini ass mat enger definitiver Decisioun, a puncto Klasement ze rechnen?
2. Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, dass d'Aarbechte vun den Archeologen déi um Site schaffen nach net ofgeschloss sinn? Falls jo, wat ass de Grond dofir? Wéi laang wäerten déi archeologesch Aarbechten nach daueren?
3. Kann, esou laang wéi keng Decisioun a puncto Klasement vum Site virläit an déi archeologesch Aarbechten nach lafen, keng Initiativ vun der Stad lechternach geholl ginn, fir en zukünfteg Projekt auszuschaffen? Ass de Kulturministère respektiv d'COSIMO an d'Kontakter vun der Stad lechternach mat engem éisträichesche Planungsbüro agebonne ginn?
4. Ass et richtig, dass den lechternacher Schäfferot bis ewell keng Rapporte vun den Archeologen an Experte kritt huet? Falls jo, wat sinn d'Grënn dofir?

5. Weess d'Madamm Kulturministesch souwuel vun den héijen Zommen, déi d'Stad lechternach all Mount muss opbréngen, soulaang wéi keng Appartemenen op dësem Site fäerdeggestallt sinn, wéi vun den Entschiedegungen, déi un eenzel Firme musse bezuelt ginn, well den initiale Projet net ka realiséiert ginn? Kann de Kulturministère d'Stad lechternach op dëse Punkten ënnerstëtzen?

6. Ass d'Madamm Kulturministesch gewëllt, fir der Stad lechternach bei der Entwécklung an der Realisatioun vun engem neie Projet „Petite Marquise“ ze hëllefen? Wa jo, mat wéi engen Hëllefen, administrativer a finanzieller Natur, kann de Kulturministère der Stad lechternach, souwuel während der Klasementsprozedur wéi och duerno, ënner d'Äerm gräifen?

**Réponse** (14.12.2021) de **Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture** :

Am Kader vun der Klasementsprozedur, déi déi archeologesch Vestigen um Site vun der „Petite Marquise“ betrëfft, gouf de Gemengerot vun der Stad lechternach ëm eng Stellungnam gefrot. Den Delai fir dësen Avis ofzeginn, deen normalerweis dräi Méint ass, gouf op Demande vun der lechternacher Gemeng schonn zwee mol verlängert.

D'Gesetz vun 1983 gesäit fir, datt, nodeems d'Gemeng sech zu engem méigleche Klasement geäussert huet, de Staatsrot mam Dossier saiséiert gëtt a säin Avis muss ofgewart ginn. Duerno réischt kann de Regierungsrot eng definitiv Entscheidung a puncto Klasement huelen.

Den Avis vun der Denkmalschutzkommissioun (COSIMO) läit vir a gouf der Stad lechternach, zesumme mat zwee Rapports d'expertise matgedeelt. Dozou sief ze bemerken, datt d'Persoun, déi beim CNRA responsabel fir d'Fouillen ass, eng Visite guidée vum Site mam lechternacher Schäfferot am Dezember geplangt huet, an och scho Visite fir interesséiert Matbirger organiséiert huet.

D'Gemeng lechternach gouf schréfflech informéiert, datt d'Ausgruewungen am Beräich vun der „curtis“ viraussichtlech Enn Januar wäerten ofgeschloss sinn, an datt am Beräich vun der „basse-cour“ (der deemoleger Petite Marquise) nach muss gegruewe ginn. D'Vitesse vun de Fouillen hänkt zum Deel vun de Wiederkonditiounen of, an zum Deel dovunner wéi accessibel den Terrain fir d'Archeolog/innen ass. Am Moment gëtt dëse Beräich nämlech nach

vun anere Chantieren a Baustellenariichtunge genotzt an ass domadder net zougänglech.

D'Stad lechternach kann d'Initiativ ergräifen, fir e Projet op dem Site auszuschaffen. Dëse Projet muss allerdéngs, wann et zu enger Protektioun kënn, vum Kulturministère autoriséiert ginn. Vu datt déi archeologesch Fouillen awer nach net ofgeschloss sinn, ass et am Moment sécherlech schwéier, e konkrete Projet auszuschaffen. Eis Fachleit vum CNRA a SSMN stinn an enkem Kontakt mat der Gemeng an och mam Planungsbüro.

De Kulturministère ass gewëllt der Gemeng lechternach finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen, sollt si sech dozou entschueden, an de Site ze investéieren mam Zil, d'Vestigen ze valoriséieren an dem Publikum accessibel ze maachen.

**Question 5350** (06.12.2021) de **Mmes Josée Lorsché** et **Djuna Bernard** (déi gréng) concernant l'installation de distributeurs de produits hygiéniques dans les établissements scolaires publics :

Selon nos informations, le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE) a récemment envoyé un courrier aux directeurs et directrices des établissements scolaires publics concernant l'achat et l'installation de distributeurs de produits hygiéniques dans les espaces sanitaires féminins et/ou mixtes. Toujours selon nos informations, ce courrier fait état d'un nombre élevé de demandes concernant l'installation de tels distributeurs, mais informe que le MENJE, pour des raisons budgétaires, ne sera pas en mesure de procéder à une commande généralisée pour cette année scolaire. Par conséquent, le MENJE invite les établissements scolaires à mettre de tels distributeurs à disposition et cela à leurs propres frais, annonçant néanmoins un équipement complet au cours l'année scolaire 2022-2023.

Le MENJE a participé à l'élaboration du Plan d'action national pluriannuel pour la promotion de la santé sexuelle et affective qui fut publié en 2019 et qui définit la promotion de la santé affective et sexuelle dans tous les établissements scolaires, éducatifs et d'accueil comme une des grandes priorités. Dans cet ordre d'idées, le principe de l'accès pour tous et l'assurance de la viabilité et durabilité des initiatives par

des ressources financières et humaines adéquates y sont explicitement mis en exergue.

Dans ce contexte, nous aimerions demander les renseignements suivants de la part de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

- 1) Vu les engagements du MENJE pour la promotion de la santé sexuelle et affective ainsi que pour l'égalité des genres et l'équité sociale, Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis que l'installation de distributeurs de produits hygiéniques dans les établissements scolaires publics revêt une importance particulière ?
  - 2) Dans l'affirmative, les moyens financiers nécessaires ne devraient-ils pas être mis à disposition des établissements scolaires dans les plus brefs délais, sachant que le premier trimestre de l'année scolaire 2021-2022 n'est même pas encore achevé ?
  - 3) Combien d'établissements scolaires publics disposent d'ores et déjà de tels distributeurs et quel est leur nombre ? Le MENJE a-t-il participé aux frais d'installation et/ou d'entretien ?
  - 4) En moyenne, quel est le prix d'achat et d'installation d'un tel distributeur, et à quelle hauteur se situent les frais de fonctionnement et d'entretien pour une année scolaire ?
  - 5) À quelle hauteur le MENJE estime-t-il l'enveloppe budgétaire totale nécessaire à un équipement généralisé des établissements scolaires en distributeurs de produits hygiéniques ?
  - 6) Les établissements scolaires procédant dès maintenant à une installation de distributeurs à leurs propres frais, pourront-ils compter sur un remboursement de la part du MENJE dans le cadre d'un équipement généralisé futur ?
- Réponse** (11.01.2022) de **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** :
- ad 1) Le Plan d'action national pour la promotion de la santé affective et sexuelle pluriannuel (PAN SAS), mis en place en 2019, s'appuie sur le principe que la santé affective et sexuelle fait partie intégrante de la santé, du bien-être et de la qualité de vie de toutes et tous.
- Faisant partie des ministères qui se sont engagés à cet égard, tous les projets et toutes les actions fa-





vorisant l'accès à l'information, la formation et à l'éducation en matière de santé affective et sexuelle des enfants et des jeunes sont soutenues par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE).

Plus spécifiquement, l'objectif 2 concernant « Information, sensibilisation et éducation » du PAN SAS, visant l'action « Promouvoir la SAS dans tous les établissements scolaires, d'éducation et d'accueil des enfants et des jeunes », ainsi que l'action « Promouvoir l'égalité de tous en vue de combattre les discriminations et les violences sexuelles » souligne justement de manière précise cet engagement visant les établissements scolaires.

La thématique générale de la sexualité comprend un large éventail de concepts et de sujets dont les mécanismes physiologiques et psychologiques en lien avec le comportement sexuel et de reproduction, mais aussi et surtout les droits sexuels, notamment le droit à l'éducation et à l'information.

Le mécanisme de reproduction étant indissociable à la menstruation, sujet encore largement tabouisé dans notre société, l'un des objectifs du PAN SAS, consiste à aborder ce sujet pertinent de manière scientifiquement précise et surtout en s'abstenant de tout jugement et de toute croyance.

Le MENJE s'est engagé à ce que tous les enfants et jeunes aient un accès à l'information quant à ce sujet. Au cours de l'année 2021, environ 1.500 exemplaires du guide « Let's talk about sex »<sup>1</sup> ont été expédiés à tous les établissements scolaires de l'enseignement secondaire et structures pour jeunes. De plus, cet outil pédagogique est mis à disposition sur demande aux les établissements scolaires de l'enseignement fondamental, maisons relais, foyers scolaires, centres d'accueil et crèche.

Dans une optique similaire, les élèves de la mini-entreprise Struggirls du Lycée du Nord de Wiltz, ont contacté le MENJE pour présenter un projet favorisant l'accès aux produits hygiéniques. Le concept repose sur le principe d'équité pour les jeunes femmes d'accéder à des produits hygiéniques au début ou pendant leur menstruation, en mettant à disposition ces produits de manière gratuite dans les espaces sanitaires féminins et/ou mixtes.

Ce projet correspondant aux objectifs retenus dans le PAN SAS actuel, le MENJE s'est engagé à encourager et à appuyer l'installation de ces distributeurs pour garantir une équité et égalité au sein de l'ensemble des écoles secondaires luxembourgeoises.

ad 2) Le MENJE encourage la mise en place dudit projet et l'équipement des établissements scolaires au moyen de distributeurs de produits hygiéniques. Il est prévu de mettre à disposition cinq distributeurs par établissement scolaire public.

Les démarches ayant été entamées seulement en 2021, une ligne budgétaire spécifique ou le cas échéant une augmentation de la dotation financière s'adressant aux lycées sera prévue à partir de l'année 2023.

En juin 2021, un courrier a été envoyé aux directions des lycées afin de présenter le projet et de les sensibiliser à l'importance de l'installation de ces distributeurs. Les directions ont été informées sur l'importance du projet ainsi que les échéances budgétaires, sans pour autant les priver à entamer de propres démarches pour l'acquisition de distributeurs avant l'année 2023.

ad 3) Actuellement, un seul lycée dispose d'un tel équipement financé par ses propres moyens.

La plupart des lycées ne disposent pas de distributeurs mécaniques, mais l'ensemble des élèves concernées ont la possibilité de se rendre au Service psycho-social et d'accompagnement scolaires (SePAS) du lycée, qui met gratuitement à disposition des produits hygiéniques.

ad 4) En moyenne, un appareil coûte 380 € avec un premier équipement matériel de 580 € (100 tampons et 100 serviettes).

Les recharges coûtent 200 € par recharge complète et il incombe aux lycées de les commander et de les installer dans les distributeurs. Le nombre de recharges par année varie en fonction des besoins, ce chiffre ne peut être analysé qu'après plusieurs années d'utilisation.

Les appareils sont mécaniques et simples en entretien. Il suffit de quelques vis pour les fixer aux murs des espaces sanitaires et l'installation peut donc se faire par un technicien au sein de la structure.

Les distributeurs fonctionnent avec un système de chip, acquis en retour d'un euro (consigne), remboursable à chaque moment. En insérant le chip, les élèves peuvent donc obtenir un produit ainsi que leur chip en retour.

ad 5) Le recensement a mis en évidence 29 lycées et centres de formation qui ont commandé dans un premier appel à participation 125 appareils et 16.500 chips avec un montant s'élevant à 77.000 €. Ces structures ont souhaité commander entre un et cinq appareils.

Si tous les lycées et centres de formation seraient équipés de cinq distributeurs, le nombre s'élèverait à environ 250 pièces pour un montant d'environ 154.000 €, sachant que toutes les structures ne nécessitent pas cinq distributeurs, étant donné que le nombre varie en fonction de l'infrastructure et de l'agencement des bâtiments scolaires.

ad 6) Les établissements scolaires pourront se faire rembourser, sous réserve du vote d'un budget spécifique prévu à cet effet à partir de l'année 2023.

**Question 5393** (15.12.2021) de **M. André Bauler (DP)** concernant la **villa de Schieren « Op der Wieschen »** :

Dat ganzt Joer 2021 ass um Haaptsite vun der Schiereener Villa „Op der Wieschen“ guer keng Aktivitéit gewiescht. Op fënnef anere Plazen zu Schieren ass während dësem Joer awer normal weider gegruewe ginn.

Effektiv, läit de Site ënnert dem Zelt um Haaptsite vun der Réimervilla nach genee d'selwecht do, wéi bei der leschter Ministeschvisitt.

Bei der Visitt vun de Ministesche fir Kultur an Ëmwelt haten déi zwou Dammen den Opdrag ginn, e Konzept fir um Site vun der Wieschen eng nohalteg Valorisation no de Richtlinne vu Kultur an Ëmwelt auszeschaffen. Dëst, fir éischstens de Musée ze entlaaschten, well do net méi vill Plaz ass, an zweetens, fir och dem Norden, a speziell enger zukünftiger Nordstad, eng kulturell Attraktioun ze verschafen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:

1. Gëtt et e bestëmmte Grond, firwat ausgerechent op där archeologesch wäertvollster Plaz während engem ganze Joer näischt geschitt ass?

2. Ass vum CNRA e konkreete Projet proposéiert oder virgeluecht ginn, fir eng nohalteg Valorisation no de Richtlinne vu Kultur an Ëmwelt auszeschaffen?

3. Wat ass de Status vun der zweeter Sendung vu Stécker vun der Wandmolerei, déi op Soissons geschéckt gi war.

4. Gëtt et schonn éischt Konklusionen zu der Analys vun den Iwwerreschter vu Fresken, déi 2017 op Soissons transferéiert gi waren?

**Réponse** (15.03.2022) de **Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture** :

De Site vun der Réimervilla zu Schieren ass, wéi den honorabelen Deputéierte richteg undeit, eng vun den archeologesch wäertvollste Plazen am Land, déi onbedéngt während den Ausgruewunge fachgerecht an intensiv betreit soll ginn. No personelle Wiessel am INRA (fréier CNRA), huet de Chantier am Haaptgebai eng Zäit gerout, déi aner eenzel Gruewungen an der pars rustica, op private Grondstécker, sinn awer weidergelaan ofgeschloss ginn.

Et läit den Ament nach kee konkreete Projet um Dësch fir eng nohalteg Valorisation vum Site.

De Centre d'étude des peintures murales romaines zu Soissons huet e Rapport technique an dräi Bänn virgeluecht, deen esouwuel déi éischt wéi och déi zweet Sendung Wandmolerei betrëfft. Doraus geet ervir, dass d'Dekoratioun vun de Säitewänn konnt rekonstruéiert ginn, souwéi déi véier Lunetten an den architektoneschen Opbau vum Kräizverwëlf vum Raum 10.

Des Weidere si Resultater vun der cheemescher Zesummesetzung an dem Opbau vun der Speis vun de Wandmolerei vum Raum 10 virgeluecht ginn. D'Analyse vun de benotzte Faarfpigmenter erlabe Réckschlëss iwwert d'Handelsbeziéunge vun deemools.

Donieft si natierlech Berichter iwwert d'Restaurationaarbechten entstanen, déi wichteg sinn, fir och an Zukunft ze wëssen, wéi ee mat deene restauréierte Fresken ëmgoe kann a muss.

Aktuell si mir an der Phase 2 vun der Stabiliséierung vun de Wandmolereien aus dem Raum 10 vu Schier.

Mëttlerweil sinn och Wandmolereifragmenter aus dem Raum 25 an dem Raum 17 op Soissons gaange fir zesummegesat ze ginn.

Am Verglach mat de Wandmolereifragmenter, déi bis elo aus de Raim 25 an 17 gebuerge goufen, schéngt de Raum 10 deen ze sinn, dee verhältnisméisseg am prächtegsten ausgemoolt war.



www.chd.lu

**Question 5425** (23.12.2021) de **M. Jeff Engelen (ADR)** concernant l'**augmentation du temps de travail dans le secteur de la santé durant la crise sanitaire** :

Säit dem Ufank vun der Covidkris ass d'Iwwerlaaschtung vum Gesondheets- a Fleegepersonal zu engem vun den entscheidende Krittere fir politesch Agrëffer an d'Ekonomie an an d'Privatliewe vun de Leit an engem nach ni gekannten Ausmooss avancéiert, ouni awer, datt fir dës Iwwerlaaschtung jee e konkreete, statisteschen Indicateur definéiert a matgedeelt gi wier.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

1. Wéi hu sech déi absolutt Zuele vun de fräiberufflechen Dokterinnen, den ugestallten Dokterinnen souwéi den Infirmiëren am Gesondheets- a Fleegepersonal zu Lëtzebuerg während de Joren 1990 bis 2020 entwéckelt?

2. Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi sech d'Zuel vun den Awunner, d'Zuel vun de Leit mat enger lëtzebuergerescher Matricule, d'Zuele vun de fräiberufflechen Dokterinnen, den ugestallten Dokterinnen souwéi den Infirmiëren am Gesondheets- a Fleegepersonal während de Joren 1990 bis 2020 entwéckelt hunn, a wéi vill Awunner a Leit mat enger lëtzebuergerescher Matricule sech jeeeweils op een Dokter (cumuléiert) an eng Infirmière aus dem Gesondheetsberäich verdeelt hunn?

3. Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi sech d'Gesamtzuel vun den Awunner vun Alters- a Fleegeheemer souwéi Leit, déi en allgemenge Fleegegedéngscht an Usproch huelen, während de Joren 1990 bis 2020 entwéckelt huet, a wéi vill vun deene genannte Persounen sech jeeeweils op eng Infirmière verdeelt hunn? Kann d'Madamm Minister fir dee genannten Zäitraum wgl. de järelechen Duerchschnittsalter vun der Bevëlkerung preziséieren?

4. Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi vill Iwwerstonnen déi ugestallt Dokterinnen an d'Infirmiëren aus dem Gesondheets- a Fleegegessektor während de Joren 1990 bis 2020 jeeeweils insgesamt gelescht hunn a wéi dës Iwwerstonne sech zum engen op déi eenzel Personalgruppe verdeelen a wéi vill Iwwerstonnen domat jeeeweils duerchschnittlech op ee Verrieder vun deenen eenzele Personalgruppen entfall sinn? Kann d'Regierung preziséieren, op wéi eng dräi Méint de Pic vun de geleschten Iwwerstonnen während deene genannte Jore jeeeweils entfall ass an op wéi eng dräi Méint de Pic vun der Kompensation vun de geleschten Iwwerstonnen während deene genannte Jore jeeeweils entfall ass?

5. Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi vill Stonnen Krankeschäin während de Joren 1990 bis 2020 jeeeweils op d'Personal aus dem Gesondheets- a Fleegegessektor entfall sinn a wéi vill Stonnen Krankeschäin dëst jeeeweils am Duerchschnitt pro Persoun pro genannter Berufsgrupp entsprach huet?

6. Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi vill Aarbechtsstonnen un zweckgebonnenem Congé (zum Beispill den Eltercongé) während de Joren 1990 bis 2020 jeeeweils op d'Personal aus dem Gesondheets- a Fleegegessektor entfall sinn a wéi vill Stonnen Congé dëst jeeeweils am Duerchschnitt pro Persoun pro genannter Berufsgrupp entsprach huet?

7. Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi vill Aarbechtsstonnen am Gesondheets- a Fleegegessektor am Joer 2020 spezifesch op d'Ëmsetzung vu Covidveruerdnunge vun der Regierung entfall sinn, dëst souwuel „um Terrain“ wéi och um Niveau vun der administrativer Kontroll?

**Réponse commune** (24.02.2022) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**, de **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration**, et de **M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale** :

ad 1. Fräiberufflech an ugestallt Dokterinnen

De Rapport „État des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg - Rapport final et recommandations“, dee vun der Mme Marie-Lise Lair am Oktober 2019 finaliséiert gouf an um Site [www.sante.lu](http://www.sante.lu) veröffentlecht ass, weist d'Zuele vun de Generalisten, de Spezialisten an den Zännokteren, déi tëschent 2007 an 2017 aktiv waren, ouni en Ënnerschied ze maachen tëschent de liberalen Dokterinnen an den ugestallten Dokterinnen. Dës sinn déi eenzeg Zuelen, iwwert déi de Gesondheetsministère verfüügt.

De Rapport kënnt zur Conclusioun, datt tëschent 2007 an 2017 d'Unzuel vu praktikéierenden Dokterinnen, wou Honorairen un d'CNS facturéiert gi sinn an déi dem Critère de sélection entspréchen, all Joer a fir all Kategorie vun Dokter an d'Luucht gaangen ass. De globale Wuesstem bedréit 597 Dokterinnen fir dës Zäitspan; dorënner sinn 150 Generalisten, 286 Spezialisten an 161 Zännokteren. De Wuesstem

tëscht 2007 an 2017, wat d'Dokteren betrëfft, war manner grouss bei de Spezialisten (35 %) wéi bei de Generalisten (44 %) oder den Zännokteren (48 %).

(Tableau et graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

D'Tabell 1 weist, wéi sech d'Unzuel vun den Dokterinnen no Statut am Laf vun de Jore weiderentwéckelt huet.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Vun 2007 bis 2017 ass d'Unzuel vun den Dokterinnen ëm 40,0 % geklommen. D'Zuel vun de fräiberufflechen Dokterinnen evoluéiert ëm 37,4 % an déi vun den ugestallten Dokterinnen ëm 55,1 %.

Am Joer 2007 ware 87,6 % vun den Dokterinnen fräiberufflech, 2017 sinn et der 85,9 %. Déi ugestallt Dokterinnen hunn 2007 9,9 % vun de gesamten Dokterinnen ausgemaach, 2017 waren et der 10,9 %.

Infirmiëren am Gesondheets- a Fleegegessektor

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Vun 2009 bis 2017 ass d'Unzuel vun den Infirmiëren am Gesondheetssektor ëm 32,5 % geklommen.

Am Joer 2009 waren 72,5 % vun den Infirmiëren am Gesondheetssektor fräiberufflech, 2017 sinn et der 75,5 %. Déi ugestallt Infirmiëren am Gesondheetssektor hunn 2007 33,3 % vun de gesamten Infirmiëren am Gesondheetssektor ausgemaach, 2017 waren et der 9,4 %.

Zousätzlech zu dëser Unzuel vun Infirmiëren, déi der Gesondheetskeess Rechnungen ausgestallt hunn an déi am Gesondheetssektor schaffen, weist d'Tabell 3 d'Entwécklung vun den aktiven Infirmiëren (practising nurses), esou wéi se an der Methodologie vun der OCDE definéiert goufen.<sup>2</sup> Eng Opdeelung no Statut ass leider net méiglech.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Den Ënnerschied tëscht den Zuelen aus der Tabell 2 an der Tabell 3 kënnt doduerch, datt ee groussen Deel vun den Infirmiëren am Gesondheets- a Fleegegessektor bei de Spideeler oder Altersheemer ugestallt sinn an deemno net der CNS Rechnungen ausstellt.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 2. Fräiberufflech an ugestallt Dokterinnen

Och hei verfüügt de Gesondheetsministère just iwwert déi Zuelen, déi fir d'Zäitspan vun 2007 an 2017 am Rapport Lair<sup>3</sup> publizéiert goufen.

Doriwwer eraus ass et sou, datt d'Dokterinnen zu Lëtzebuerg ëmmer méi assuréiert Frontaliere behandeln. 2017 louch de Prozentsaz vun der Consommation de soins médicaux vun de Frontaliere bei 5,9 %.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Obwuel d'Populatioun tëschent 2007 an 2017 ëm 24,04 % gewuess ass, louch den Taux d'accroissement vun de Generalisten während där selwechter Zäitspan bei 41,17 %.

De Ratio vun de Generalisten pro 1.000 Awunner tëschent 2007 an 2017 ass vun 0,71 op 0,83 (+0,12) geklommen, wat bedeit, dass d'Unzuel vu Generalisten, déi sech zu Lëtzebuerg installéiert hunn, an d'Luucht gaangen ass.

Mee de Ratio ass liicht verfälscht, well d'Dokterinnen aus der Geriatrie bei der CNS an der selwechter Grupp opgefouert si wéi d'Generalisten. Dat selwecht gëllt fir d'Generalisten, déi an enger Institution als Salarié schaffe wéi zum Beispill an den Urgencë beim CHL.

Am Fall, wou een déi zéng ugestallt Dokterinnen eraushëlt, fir d'reell Unzuel vu liberalen Generalisten erauszefannen, da sinn et 480 Generalisten am Joer 2017, an esou klëmmt de Ratio vu Generalisten vun 0,81 op 0,83 pro 1.000 Awunner.

De Ratio vu Generalisten pro 1.000 Persounen ass vill méi niddereg wéi pro 1.000 Awunner, mee

<sup>1</sup> Éditeurs : Ministère de la Santé / Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse / Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes / Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région / Centre national de la promotion de la santé affective et sexuelle (Cesas) / Planning familial / HIV Berodung - Croix-Rouge luxembourgeoise / APEMH / Centre LGBTQ+ CIGALE

<sup>2</sup> Et handelt sech ëm Dokterinnen/Infirmiëren, déi eng Autorisation d'exercice hunn an aktiv um Patient schaffen. Déi administrativ Dokterinnen, Dokterinnen/Infirmiëren, déi am Ausland schaffen, Dokterinnen/Infirmiëren, déi an der Pensioun sinn etc., ginn hei net matgezéit.

<sup>3</sup> idem





klëmmt awer vun 0,53 op 0,59 (+0,06) tëschent 2007 an 2017.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

De Ratio vun de Spezialisten, déi dem Critère de sélection entspréchen, huet sech positiv entwéckelt vun 2007 bis 2017 a klëmmt vun 1,71 op 1,86 (+0,15) pro 1.000 Awunner a vun 1,27 op 1,32 (0,05) pro 1.000 Persounen.

Dobäi muss gesot ginn, dass zanter 2012 de Ratio sech stabiliséiert huet. D'Unzuel vu Spezialiste bleift konstant, obschonn d'Bevëlkerung zougehooll huet.

(Tableau et graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

De Ratio vun den Zänndokteren, déi dem Critère de sélection entspréchen, huet sech positiv entwéckelt vun 2007 bis 2017 a klëmmt vun 0,71 op 0,84 (+0,13) pro 1.000 Awunner a vun 0,52 op 0,60 (+0,08) pro 1.000 personnes protégées.

(Tableau et graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Dobäi muss gesot ginn, dass zënter 2012 de Ratio sech stabiliséiert huet. D'Unzuel vu Spezialiste bleift konstant, obschonn d'Bevëlkerung zougehooll huet.

Vu dass am Calcul vum Ratio all Spezialisatiounen a Betruecht gezu ginn, geet dës primär Analys awer net duer. Dës Ratio kann dofir méi niddereg a verschiddene Beräicher sinn an dofir méi héich an aneren.

De globale Ratio vu praktizéierenden Dokteren, déi dem Critère de sélection pro 1.000 Awunner entspréchen, ass vun 3,13 am Joer 2007 op 3,53 am Joer 2017 geklomm, wat enger Hausse vun 0,40 pro 1.000 Awunner op 11 Joer entsprécht.

(Tableau et graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

De globale Ratio vu praktizéierenden Dokteren, déi dem Critère de sélection pro 1.000 personnes protégées entspréchen, ass vun 2,32 am Joer 2007 op 2,51 am Joer 2017 geklomm, wat enger Hausse vun 0,19 pro 1.000 personnes protégées op 11 Joer entsprécht.

Infirmiëren am Gesondheets- a Flegesecteur

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

An dem „État des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg“ fënnt een eng Rei Tabellen, déi d'Entwécklung vum Gesondheets- a Fleegepersonal no Statut vun 2007 bis 2017 duerstellen (Tabellen 1 an 2).

An der Tabell 2 fënnt een d'Unzuel vun den Infirmieren(iëren), déi der Gesondheetskeess Rechnungen ausgestallt hunn an déi am Gesondheetssektor schaffen.

Vun 2001 bis 2020 (2007-2017) ass d'Unzuel vun den ugestallten Infirmieren(iëren) am Flegesecteur ëm 206,5 % (49,6 %) geklommen. Déi staark Evolution vun den ugestallten Infirmieren(iëren) am Flegesecteur an de Joren 2001-2006 ass op d'Entwécklung vun der Fleegeversécherung zeréckzeféieren, déi am Januar 1999 zu Lëtzebuerg agefouert gouf. D'Tabelle 5 a 6 weisen, wéi sech op der enger Säit d'Bevëlkerung vu Lëtzebuerg an op der anerer Säit d'verséichert Bevëlkerung (am Kader vun der Krankeversécherung) iwwert déi lescht 20 Joer entwéckelt huet.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

D'Tabelle 7 an 8 weisen, wéi sech op der enger Säit d'Unzuel vun den aktiven Doktere pro 1.000 Awunner an op der anerer d'Unzuel vun den aktiven Infirmieren(iëren) pro 1.000 Awunner entwéckelt huet.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

D'Resultater, déi an den Tabelle 7 an 8 gewise ginn, baséiere sech op d'Unzuel vun aktiven Doktere respektiv Infirmieren(iëren) (practising physicians/nurses), esou wéi se an der Methodologie vun der OCDE definéiert goufen<sup>4</sup>. Dëst ass eng aner Definitiou wéi déi, déi an der Tabellen 1 an 2 gewise gëtt.

<sup>4</sup> Et handelt sech ëm Dokteren/Infirmieren(iëren), déi eng Autorisation d'exercice hunn an aktiv um Patient schaffen. Déi administrativ Dokteren, Dokteren/Infirmieren(iëren), déi am Ausland schaffen, Dokteren/Infirmieren(iëren), déi an der Pensiou sinn, ginn hei net matgezelt.

ad 3. De Familjen- an Integratiounsministère huet Donnéeën iwwert déi Better an den Alters- a Fleegeheemer, déi laut dem modifizéierte Gesetz vum 8. September 1998 (loi ASFT) a laut dem groussherzogleche Règlement vum 8. Dezember 1999 en Agreement hunn.

Am Joer 2000 sinn d'Fleegeheemer (maisons de soins) ënnert d'Tutelle vum deemolege Familljeminstère kumm a vun 2002 un ass dunn e systematesch Relevé vun den agreéierte Better gemaach ginn.

Hei drënner ass d'Entwécklung vun den agreéierte Better an den Altersheemer (CIPA) an an de Fleegeheemer (maisons de soins) zënter 2002:

(graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

De Familjen- an Integratiounsministère huet keng Informatiounen iwwert d'Zuel vun de Leit, déi en allgemenge Fleegeedéngscht an Usproch huelen, well et sech hei ëm eng Relatioun tëschent engem Client an engem Prestataire handelt.

Am Moment hu 16 Hëllef- a Fleegeedéngschter en Agreement vum Familjen- an Integratiounsministère.

De Familjen- an Integratiounsministère huet keng Donnéeën zum Duerchschnittsalter vun der Bevëlkerung. Dem Statoc no ass den Duerchschnittsalter vun der Bevëlkerung vun 37,52 Joer am Joer 2001 op 39,54 Joer am Joer 2020 eropgangen.

Bei den Zuelen, déi hei drënner presentéiert sinn, handelt et sech ëm flegebedierfteg<sup>5</sup> Leit, déi um 31. Dezember vum Joer en aktive Fleegeplang hunn. Et sinn also Leit, déi méi wéi 3,5 Stonne Fleg d'Woch brauchen, an dat fir warscheinlech méi wéi sechs Méint, souwéi Leit mat Palliativfleg a verschiddene spezifesch Erkrankungen, déi per Gesetz festgehalen sinn<sup>6</sup>. Et handelt sech och just ëm déi Leit, déi bei der Lëtzeburger Krankeversécherung (assurance maladie-maternité) affiliéiert sinn.

D'Personal, dat an den Tabellen 9 an 10 ugin ass, ass dat Personal, wat am Kontakt mat der flegebedierfteger Persoun steet, also „personnel d'assistance et de soins“ souwéi „personnel socioéducatif“. D'Personal bei de Reseauen (RAES) beinhalt och Personal, wat Aktivitéiten ausüübt, déi net spezifesch an de Kader vun der Fleegeversécherung falen (z. B. Fleg, déi eng Persoun no engem Spidolspenhalt während e puer Woche vun der Krankeversécherung bezuelt kritt). D'Personal ass an Equivalent temps plein (ETP) ugin.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 4. Déi véier Akutspideeler si privatrechtlech gefouert an et besteet deemno eng Autonomie an der Gestiou vun de jeeweiligen Haiser. De Gesondheetsministère huet deemno keen Afloss dorop, wéi déi verschidde Spideeler hir Aktivitéiten organiséieren an huet keng Informatiounen dozou, wéi vill Iwwerstonnen an deene verschiddene Spideeler vum Fleegepersonal gelescht gi sinn.

ad 5. D'Unzuel vu Stonne Krankeschäi gëtt op Basis vun de Stonnen, déi monatlech beim Centre commun de la sécurité sociale vun de Patronen deklaréiert goufen, gerechent. An dësen Zuele sinn d'Stonne vun den ugestallte Leit, déi am Krankheitsfall hiert Gehalt iwwert déi gesetzlech fixéiert 77 Deeg („Lohnfortzahlung“) weider bezuelt kréien, net mat dran, an an deem Fall och kee Krankengeld vun der Gesondheetskeess ausbezult kréien (Staatsbeamten a Staatsugestallten, Gemeindebeamten a Mengengugestallten). Zousätzlech ass et och esou, datt am Gesondheets- a Flegesecteur esou en Typ vu Leit éischter eng Minoritéit duerstellen (manner wéi 2 % am Joer 2020).

D'Tabell 12 weist d'Entwécklung vun de Stonne Krankeschäi fir déi ugestallt a fräiberufflech Leit, déi am Gesondheets- a Flegesecteur schaffen, vun 2010 bis 2020<sup>7</sup>.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

D'Tabell 13 stellt d'Entwécklung vun de Stonne Krankeschäi fir déi ugestallt a fräiberufflech Leit, déi am Gesondheets- a Flegesecteur schaffen, pro Ugestallt vun 2010 bis 2020 duer.

<sup>5</sup> D'Fleegeversécherung ass duerch d'Gesetz vum 19. Juni 1998 den 1. Januar 1999 a Kraaft getrueden zu Lëtzebuerg.

<sup>6</sup> <https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/1998/12/18/n9/jo>

<sup>7</sup> Gemäss dem Artikel 169 Alinea 1 vun den Statuten vun der CNS: « Par période d'incapacité de travail, on entend les jours civils consécutifs pendant lesquels l'assuré est de façon ininterrompue incapable de travailler pour cause de maladie ou d'accident ainsi que ceux pour lesquels il bénéficie d'un congé pour raisons familiales, d'un congé de maternité, d'une dispense de travail pour femmes enceintes ou allaitantes, d'un congé d'accueil ou d'un congé d'accompagnement. »

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 6. D'Tabell 14 weist d'Entwécklung vun d'Gesamtzuel vun de Stonnen, déi fir Elterecongé benotzt gi si vun de Leit, déi am Gesondheets- a Flegesecteur schaffen, vun 2010 bis 2020<sup>8</sup>.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

D'Tabell 15 stellt d'Entwécklung vu Stonnen, déi fir Elterecongé benotzt gi si vun de Leit, déi am Gesondheets- a Flegesecteur schaffe pro Persoun vun 2010 bis 2020 duer.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 7. D'Unzuel vun Aarbechtsstonnen, déi weinst enger Quarantän oder engem Isolement ausgefall sinn, gëtt op där enger Säit op Basis vun de Stonnen, déi monatlech beim Centre commun de la sécurité sociale vun de Patronen deklaréiert goufen, an op där anerer Säit op Basis vun der medezinescher Diagnos, déi um Krankeschäin steet an deen de Verséicherten der Gesondheetskeess (CNS) erareecht, gerechent.

An dësen Zuele sinn d'Stonne vun den ugestallte Leit, déi am Krankheitsfall hiert Gehalt iwwert déi gesetzlech fixéiert 77 Deeg („Lohnfortzahlung“) weiderbezult kréien an an deem Fall och kee Krankengeld vun der Gesondheetskeess ausbezult kréien (Staatsbeamten a Staatsugestallten, Gemeindebeamten a Mengengugestallten) net mat dran. Zousätzlech ass et och esou, datt am Gesondheets- a Flegesecteur dës Persounen éischter eng Minoritéit duerstellen (manner wéi 2 % am Joer 2020).

Am Allgemenge gëtt et keng exploitable Donnéeën iwwert d'Ursach, firwat e Grenzgänger krank ass, well de Code vun der Diagnos just bei enger Minoritéit vu Leit renseignéiert ass. Tatsächlech ass dës Informatioun meeschtens ënner der Form vun Texte libre um Krankeschäin erëmfannen. Donieft ass et awer elo sou, datt, zënter dem Ufank vun der Pandemie, d'CNS, an engem Souci vum Suivi vun der Entwécklung vun de Krankeschäiner, en extra Code fir Covid-19 definéiert huet, an deen och elo eenheetlech op all Krankeschäin (Residents ewéi Grenzgänger) ze fannen ass. Et ass also méiglech, d'Absencé weinst enger Quarantän oder engem Isolement fir jiddereen exhaustiv festzustellen.

Am Joer 2020 gëtt et 314.000 Stonnen, déi déi ugestallt a fräiberufflech Leit, déi am Gesondheets- a Flegesecteur schaffen, weinst Quarantän oder Isolement gefeelt hunn. Dëst stellt 0,7 % vun all den deklaréierte Stonnen am Gesondheets- a Flegesecteur duer. 2021 fält den Unzuel ëm 20 % a läit bei 251.000 Stonnen (Tabell 1).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

D'Tabell 2 weist, wéi vill Stonnen déi ugestallt a fräiberufflech Leit, déi am Gesondheets- a Flegesecteur schaffen, 2020 an 2021 weinst Quarantän oder Isolement gefeelt hunn, opgedeelt no Impfstatus um Moment vun der Absencé.

Wichtig ass et och ze wëssen, datt d'Informatioun iwwert den Impfstatus vun de Grenzgänger net komplett ass. Dëst bréngt mat sech, datt d'Unzuel vun de Stonne fir déi net geimpfte Leit aus dem Grenzgebitt mat grousser Warscheinlechkeet iwwerschat ass.

#### Question 5435 (27.12.2021) de M. Jeff Engelen (ADR) concernant le surplus de décès :

Verschidden EU-Länner wéi Däitschland an Éisträich hunn am November eng däitlech Iwwerstierflechkeet opgewisen. Eng wëssenschaftlech geséichert Erkenntnis zu den Ursache läit nach net vir. E Phänomeen, deen zu Lëtzebuerg zum Beispill am Winter 2016/2017 ze beobachte war, deen déi deemoleg Regierung op déi saisonal Gripp zeréckgefouert hat. An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 2697 vum 25. Januar 2017 ass dozou ënner anerem dat hei ze liesen: « L'inspection sanitaire de la Direction de la santé suit le nombre hebdomadaire de décès, et a constaté que ce nombre est passé d'une moyenne hebdomadaire d'environ 80 décès, à environ 120 décès par semaine à la mi-janvier 2017. Ce phénomène est constaté tous les ans lors de l'épisode grippal. Le surplus de décès survient principalement auprès de personnes ayant des problèmes de santé graves et qui se trouvent en fin de vie. »

<sup>8</sup> Am Géigendeel zu den Tabellen 11 an 12 si Staatsbeamten, Staatsugestallten, Gemeindebeamten a Mengengugestallte matgerechent ginn an den Tabellen 13 a 14.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Fro stellen:

1. Huet Lëtzebuerg an de Méint September bis November 2021 och eng allgemeng Iwwerstierflechkeet opgewisen? Wa jo, wéi eng potenziell Erklärunge leie bis lo vir?

2. Kann d'Madamm Minister déi absolutt Zuele vun de Stierffäll vun de Joren 1990 bis 2020 matdeelen a wéi engem Prozentsaz a Relatioun zu der Zuel vun den Awunner déi jeeweileg Donnéeën entspréchen? Kann d'Madamm Minister preziséieren, op wéi eng dräi Méint de Pic vun de Stierfzuelen alljoers entfält ass a während wéi enger dräi Méint dës Zuelen am niddregste louchen?

3. Kann d'Madamm Minister fir all Joer déi fënnf heefegst Doudesursaache preziséieren?

4. Kann d'Madamm Minister fir all Joer den Duerchschnittsalter vun der Bevëlkerung an den Duerchschnittsalter vun de verstuerwene Leit preziséieren?

5. Kann d'Madamm Minister, onofhängeg vun de Resultater vun der Fro 3, fir all Joer matdeelen, wéi vill Leit un der Gripp, wéi vill un enger Erkrankung vun den Otemweeër a wéi vill un enger Erkrankung vun de Longen oder engem Zesummespill vun dëse Fakte gestuerwe sinn?

#### Réponse (21.01.2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé :

ad 1. D'Iwwerstierflechkeet, déi am Kader vum europäesche Projet EuroMOMO gemooss gëtt, läit aktuell fir Lëtzebuerg an der sougenannter „normal range“. Deemno ass aktuell keng signifikant Iwwerstierflechkeet fir Lëtzebuerg ze verzechnen. Allerdéngs war dës Referenzwäert während der 43. Woch (25. bis 31. Oktober 2021) (z-Score: 2,21) liicht iwwert der „normal range“.

Grafik vun der Iwwerstierflechkeet gemooss tëscht der 35. Woch (vum 30. August 2021 bis 05. September 2021) an der 52. Woch vun 2021 (vum 27. Dezember 2021 bis 02. Januar 2022)<sup>9</sup>:

(graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 2. De Register vun den Doudesursaachen (Registre des causes de décès) ass zënter 1998 digitaliséiert; d'Microdonnéeën vun de Jore virun 1998 sinn net verfügbar.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

De follgenden Tableau stellt grafesch follgend Evolutione vun 1990 bis 2020 duer:

- d'absolutt Doudesrate pro 100.000 Awunner,

- den Duerchschnittsalter vun der Awunnerbevëlkerung,

- den Duerchschnittsalter vu Leit, déi um nationalen Territoire gestuerwen sinn.<sup>10</sup>

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 3. De Registre des causes de décès pour l'année NNNN<sup>11</sup> presentéiert all Joer a senger Tabell 11 d'Unzuel un Doudesfäll no Ursach a Geschlecht opgeschlësselt jee no Heefegkeet.

Tabell 2: Zuel vun den Doudesfäll no heefegsten Doudesursaache vun 1990 bis 2020<sup>12</sup>

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 4. (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 5. (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

#### Question 5436 (27.12.2021) de M. Jeff Engelen (ADR) concernant le nombre de tests Covid-19 positifs des professionnels de la santé :

Besonnenes am Kader vun der Verbreedung vun der neier Omikron-Variant gëtt d'Iwwerlaaschtung vun

<sup>9</sup> <https://www.euromomo.eu/graphs-and-maps/>

<sup>10</sup> Register vun den Doudesursaachen (Registre des causes de décès) Statoc: Duerchschnittsalter vun der Awunnerzuel

<sup>11</sup> <https://sante.public.lu/fr/statistiques/statistiques-causes-deces/index.html>

<sup>12</sup> Register vun den Doudesursaachen (Registre des causes de décès)





Gesondheets- a Fleegepersonal duerch déi allgemeng Covidsituatioun nees ganz staark diskutéiert.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit aus dem Beräich vum Gesondheets- a Fleegepersonal goufen 2020 an 2021 jeeeweils noweislech positiv op de Covid-19 getest?

2. Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi vill vun dëse Leit deelweis respektiv vollstänneg géint de Covid-19 geimpft a wéi vill vun hinnen der zousätzlech geboostert waren?

3. Kann d'Madamm Minister soen, wéi vill vun dëse Leit zum entspreichenden Ablack de Status vum „Geheelt“ haten oder virdu während enger Period vu sechs Méint iwwert dëse Status verfüügt haten? Kann d'Madamm Minister preziséieren, mat wéi engen ënnerschiddleche Varianten si sech jeeeweils ugestach haten?

4. Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi vill Aarbechtsstonnen 2020 an 2021 jeeeweils insgesamt am Gesondheets- a Fleegepersonal ausgefall sinn, well entweeder Membere vum Personal positiv op de Virus getest goufen oder well si mat enger Persoun Kontakt haten, déi positiv op de Virus getest war an sech duerfir provisoresch hu missen isoléieren?

5. Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob d'Leit aus dem Gesondheets- a Fleegepersonal am Fall vun engem positiven Test ofhängeg vun hirem Impfstatus mussen ënnerschiddlech Prozeduren anhalen, a wa jo, wéi eng? Gëtt des Weideren tëschent geheelten an ongeheelte Persounen differenziert? Wéi wieren dës Decisiounen am Eenzele motivéiert?

6. Falls d'Äntwert op den éischten Deel vun der Fro virdu „jo“ ass, kann d'Madamm Minister da preziséieren, wéi déi ausgefalle Stonne sech op déi eenzel Kategorië vum Personal (hei opgedeelt nom Impfstatus) verdeelen?

7. Kann d'Madamm Minister am Sënn vun der Fro 5 matdeelen, ob sou eng Differenz och beim administrative Personal virgesinn ass a kann d'Madamm Minister och hei preziséieren, wéi déi ausgefalle Stonne sech op déi eenzel Kategorië vum Personal (opgedeelt nom Impfstatus) verdeelen?

**Réponse commune** (08.02.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale*, et de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration* :

De Gesondheetssektor zielt d'Personal a Gesondheetsberuffer aus de Spideeler, de Cabineten vun den Dokterinnen, den Apdikten an de libérale Gesondheetsberuffer.

De Fleegepersonal (AES) zielt d'Personal a Gesondheetsberuffer aus den Altersheemer (Maisons de soins a Centres intégrés pour personnes âgées) an de Réseaux d'aides et de soins.

Den Tableau hei drënner resuméiert d'Gréisst vun de jeeeweilege Secteuren fir d'Joer 2020 (op den 30. September 2020) an d'Joer 2021 (op den 30. September 2021).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Virop ass et wichteg dorop hinzewiesen, datt d'Zuele vun Covidimpfungen an Tester bei Frontaliere warscheinlech méi héich leien, wéi déi Zuelen, déi zu Lëtzebuerg disponibel sinn, well dës Leit sech oft an hirem Heemechtsland impfen an/oder teste gelooss hunn, a Lëtzebuerg net iwwert dës Donnéeën verfüügt.

ad 1. Déi folgend Tableaux 2 an 3 weisen d'Covid-19-Infektiounen aus de jeeeweilege Secteuren fir d'Joren 2020 an 2021. Zousätzlech, op Basis vun der Fro 2, ginn dës Infektiounen nach eemol opgespléckt op den Impfstatus um Moment vun der Infektioun (Tableau 3).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 2. De Stéchdatum fir d'Statistiken, fir den Impfstatus ze determinéieren, ass um Dag vum positive PCR-Test.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Als Rappel, d'Impfung géint de Covid-19 huet eréischt um Schluss vun 2020 ugefaang an d'Boosterimpfungen eréischt am zweete Semester vum Joer 2021.

ad 3. Am folgendenden Tableau 4 sinn d'Covid-19-Infektiounen opgedeelt op de potenzielle „Geheelt“-Status, deen d'Persounen aus dem Sektoren konnten hunn. Eng Persoun, déi een zweete positiven Test huet, deen awer bannent den dräi éischte Méint nom éischte positiven Test gemaach ginn ass, gëtt als

Re-Test gezielt, dat heescht net als Réinfektioun. Vu Réinfektioun schwätzt een eréischt, wann zwee positiv Tester virleien, déi méi wéi 90 Deeg auserneeleien. Deemno ass et wichteg ze bedenken, datt bei de Re-Tester bannent den éischten dräi Méint no der éischter Infektioun, Tester dobäi sinn, déi positiv ausgefall sinn, bedéngt duerch déi éischt Infektioun.

Am Géigendeel zu den Tableaux 2 an 3, sinn am Tableau 4 all positiv Tester gezielt an net just déi éischt Infektiounen.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 4. Op Grond vun der Motioun iwwer d'Impfpflicht vum honorabelen Deputéierte Gilles Baum, déi den 19. Januar 2022 mat 31 Stëmme géint 29 Stëmmen an der Chamber ugeholl gouf, wäert d'Regierung zäitno en Dokument zur Verfügung steelen, an deem dës Donnéeën opgeschlëselt sinn.

D'Ministerinnen erlabe sech deemno, den honorabelen Deputéierten op dëst Dokument ze verweisen, dat zäitno den Deputéierte wäert zur Verfügung gestallt ginn.

ad 5. Am Fall vun engem positiven Test, mussen d'Leit aus dem Gesondheets- a Fleegepersonal onofhängeg vun hirem Impfstatus déi selwecht Prozeduren anhalen.

Fir Leit aus dem Gesondheets- a Fleegepersonal gëllen, wéi fir d'Gesamtbevölkerung, d'Dispositiounen aus dem modifizéierte Gesetz vum 17. Juli 2020 „portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19“. Onofhängeg vum Impfstatus gëtt bei Leit aus dem Gesondheets- a Fleegepersonal, déi positiv getest ginn, den Art.7.(1)2 applizéiert, an dës Persounen ginn isoléiert. Dës Isolatioun dauert am Prinzip zéng Deeg.

Sou wéi fir d'Gesamtbevölkerung, kann och beim Gesondheets- a Fleegepersonal, wat déi néideg Konditiounen erfëllt, sou wéi se an dësem Artikel festgehale sinn, d'Isolatioun schonn no sechs Deeg opgehuewe ginn, wann si um Dag 5 an um Dag 6 een negative Schnelltest nowise kënnen.

ad 6. Mir verweisen op d'Äntwert 4.

ad 7. Mir verweisen op d'Äntwert 4.

**Question 5490** (11.01.2022) de **MM. Gusty Graas** et **Max Hahn** (DP) concernant la **transformation de certains lampadaires en bornes de recharge pour véhicules électriques** :

Dans le cadre de l'électrification de la mobilité, la ville de Dortmund a choisi d'implémenter un concept particulier en transformant certains lampadaires en bornes de recharge pour véhicules électriques. L'avantage qu'offrirait cette approche, consisterait notamment dans le fait qu'elle n'occupe pas d'espace supplémentaire par rapport aux bornes traditionnelles.

À travers un portail sur Internet, les citoyens ont même la possibilité de proposer des emplacements pour des nouvelles bornes et de suivre l'extension du réseau.

Dans ce contexte nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et à Monsieur le Ministre de l'Énergie :

- Messieurs les Ministres sont-ils au courant de ce concept innovateur ?

- Cette idée serait-elle applicable également au Luxembourg ?

- Dans la négative, quelles en seraient les raisons ?

- Dans l'affirmative, à quels endroits, sous quelle forme et dans quel délai cette idée pourrait être réalisée ?

**Réponse commune** (02.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

L'implantation d'une borne de charge sur un lampadaire peut à première vue être considérée comme une option intéressante, compte tenu du fait que la combinaison de deux types de mobilier urbain, à savoir l'éclairage public et les bornes de charge, permet de réduire des coûts et réduire l'impact sur l'espace public. Les ministères connaissent déjà le principe de ces installations et étaient aussi en contact avec des constructeurs afin de mieux en connaître les spécificités techniques.

D'abord, il faut qu'un certain nombre de préconditions soient remplies pour que des lampadaires puissent être équipés de points de charge. D'une part, il est primordial que le lampadaire soit implanté suffisamment proche du bord du trottoir du côté de l'emplacement de stationnement afin qu'une fois un véhicule branché au point de charge, le câble n'encombre pas la circulation sur le trottoir. D'autre part, il faut que la circonférence des

mâts des lampadaires soit compatible avec la greffe d'un chargeur. Finalement, même si une tranche supplémentaire pour alimenter la borne n'est pas nécessaire et que l'utilisation du câblage existant permet d'épargner ces coûts de travaux de voirie, la puissance délivrée est en général calculée pour les besoins de l'éclairage public et n'est en général pas adaptée aux besoins de l'électromobilité. La puissance de charge maximale serait probablement limitée, tandis que l'infrastructure de recharge publique « Chargy » permet des vitesses de charge allant jusqu'à 22 kW. En conclusion, il s'agit d'un projet intéressant, mais ambitieux et il faudrait dans certains cas remplacer le système d'alimentation électrique et mettre en œuvre des lampadaires spéciaux et adaptés.

Néanmoins, si toutes ces conditions sont remplies, des bornes de charge sur lampadaires peuvent être un ajout intéressant pour l'infrastructure de charge accessible au public. Ceci vaut surtout pour les quartiers résidentiels urbains, où une grande partie des titulaires de véhicules ne dispose pas d'un point de charge privé. De telles installations permettent aux résidents de charger par exemple leurs voitures électriques pendant la nuit. Dans ce cas, la puissance de charge est moins critique. Cette approche peut donc être particulièrement intéressante dans des rues où il est prévu de refaire l'éclairage public, et à condition que les conditions susmentionnées soient considérées, et pourrait être un élément intéressant dans la stratégie de mobilité électrique de certaines communes. À noter que les entreprises installant et opérant ces solutions seront en principe éligibles pour le régime d'aide prévu par le projet de loi n° 7925, et pourront donc profiter d'une aide à l'investissement allant jusqu'à 50 % pour l'installation de telles bornes.

**Question 5525** (20.01.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **déchets radioactifs** :

De 15. Mee 2018 huet d'Chamber de Gesetzesprojet N° 7177 eestëmmeg ugeholl, dee zum Gesetz vum 6. Juni 2018 gouf. Mat dësem Gesetz gouf den Accord tëscht dem Grand-Duché an der Belsch betreffend d'Gestioun an den definitive Stockage vu radioaktivem Offall vu Lëtzebuerg um Territoire vun der Belsch. D'Artikelen 2 a 7 vum bilateralen Ofkommen mat der Belsch hale follgendes fest :

« Les déchets radioactifs luxembourgeois conditionnés seront entreposés en Belgique jusqu'à leur stockage définitif dans les respects de la réglementation belge en vigueur. »

« Le Grand-Duché de Luxembourg s'engage à couvrir tous les coûts occasionnés sur le territoire belge en exécution de l'article 2. [...] Le Grand-Duché de Luxembourg s'engage à s'acquitter de toutes les redevances présentes et futures pour la gestion à long terme sur le territoire belge des déchets radioactifs luxembourgeois qui font objet de cet accord, conformément au cadre réglementaire en vigueur en Belgique. »

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 2197 hat Madamm Ëmweltministesch deemools erkläert, dass d'Regierung alles ënnerhuele wäert, fir dass keen Atommüll-Endlager op d'belsch-lëtzebuergesch Grenz wäert kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Gouf et zënter dem leschte Joer weider Gespréicher mat de belschen Autoritéiten iwwert d'Ariichte vun engem Atommüll-Endlager op der belsch-lëtzebuergescher Grenz?

2. Wéi eng weider Schrëtt huet d'Regierung zanterdeem ënnerholl, fir keen Atommüll-Endlager op d'Grenz ze kréien? Hunn dës Moossnamen iergendwellech nennenswäert Fortschrëtt mat sech bruecht?

3. Rechent d'Regierung domadder, dass d'Belsch am Endeffekt manner oder keen Atommüll laanscht d'Grenz deponéiere wäert?

**Réponse commune** (24.02.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

Et ass wichteg beim radioaktiven Offall, tëschent folgendenden zwou Sorten ze ënnerscheeden:

1. schwaach a mëttelstaark radioaktiven Offall mat kuerzer Hallefwäertszäit an

2. héich radioaktiven a laanglieweg radioaktiven Offall.

Dëst ass d'Differenzéierung, wéi se an der Belsch gemaach gëtt. Den Accord tëscht dem Grand-Duché an der Belsch betreffend d'Gestioun an den definitive Stockage vu radioaktivem Offall vu Lëtzebuerg um Territoire vun der Belsch betrëfft déi éischt Kategorie (schwaach a mëttelstaark radioaktiv Offall mat kuerzer Hallefwäertszäit). Wat den

Accord betrëfft, ass et effektiv sou, datt Lëtzebuerg d'Käschten oundeelméisseg fir all Etapp vun der Offallgestioun dréit a sou de Prinzip „pollueur-payeur“ respektéiert. Et handelt sech heibäi ëm verschiddenen Typen vu radioaktiven Offäll, déi an der Belsch genau esou behandelt ginn, wéi wa se an der Belsch ugefall wieren. De Volume un Offall, deen aus Lëtzebuerg kënn, ass allerdéngs nëmmen ee ganz klengen Brocheel vun deem, wat et an der Belsch gëtt. Lëtzebuerg gëllt dowéinst als klengen Produzent vu radioaktiven Offäll an ënnerläit domadder änleche Flichten a Rechter wéi beispillsweis eng belsch Universitéit. Wat elo d'Sécherheet vun dem Ëmgang mat dësen Materialien ugeet, ass selbsterständlech déi belsch Legislatioun applikabel vun deem Moment un, wou d'Material um Territoire vun dem Land ukënn. Aus deene Grënn ergëtt sech aus dem Accord och keen direkt Matsproocherecht iwwert méiglech Sitten op dem belschen Territoire, wou dëst Material dann an Zukunft wäert gelagert ginn.

Fir déi éischt Kategorie preparéiert d'ONDRAF (belschen Organismus fir d'Gestioun vu radioaktivem Offall) de Bau vun enger Deponie zu Dessel.

Bei der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 2197 goung et ëm d'Sich no engem Standuert fir eng Entsuerungsanlag fir déi zweet Kategorie Offall (héich radioaktiven a laanglieweg radioaktiven Offall).

Fir dës Kategorie ass d'Belsch nach ganz an der Ufanksphas vum Entscheidungsprozess. D'Servicer vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung sinn am Abrëll 2020 vun der ONDRAF iwwer E-mail, zesumme mat deenen aneren EU-Staaten, iwwert de Lancement vun der SUP-Prozedur an der Belsch informéiert ginn. An der selwechter E-mail ass och matgedeelt ginn, datt keng grenziwwerschreidend Effekter am Kader vun der SUP (Strategische Umweltprüfung) analyséiert ginn.

Dëst ass och d'Haaptkritik zu dësem Moment vun der Prozedur. Eng éischter Analys no kënnen grenziwwerschreidend Impakter net ausgeschloss ginn an hätt missen analyséiert ginn. Och hätt Lëtzebuerg an d'Lëtzebuurger Bierger missen „en bonne et due forme“ consultéiert ginn an net nëmmen informéiert. Sou gesinn et souwuel de Protokoll vu Kiew zur Espoo-Konventioun wéi och d'SUP-Direktiv (directive 2001/42/CE) vir.

An der Dokumentatioun goufe verschidde Regione genannt, déi eventuell a Fro kéinte kommen. D'Diskussioun fir e méigleche Standuert vun esou enger Entsuerungsanlag wäert een zentrale Bestanddeel vun enger nächster Phas vum Entsuerungsprogramm ginn, no enger politescher Decisioun fir d'geologesch Entsuerung. Proposéiert Entsuerungsanlage fir dës Zort vun Offall sinn de Moment nach an engem R&D-Stadium. Aktuell ass een an der Belsch nach net an der Phas, wou et konkret ëm Standuerter geet.

Der Madamm Ministesch fir Ëmwelt op belscher Säit an der ONDRAF goufen de Standpunkt an och d'Kritik zur Aart a Weis an dem Contenu matgedeelt. Soubal et nei Elementer gëtt, wäerte mir eis natierlech abréngen, wa signifikant Impakter op de lëtzebuergeschen Territoire net ausgeschloss kënnen ginn.

**Question 5537** (21.01.2022) de **Mme Djuna Bernard** et **M. Marc Hansen** (*déi gréng*) concernant le **recensement statistique de vaccinations à l'étranger des étudiants luxembourgeois** :

À l'heure qu'il est, le taux de vaccination contre la Covid-19 est l'un des sujets d'actualité les plus discutés. Lorsque l'on passe en revue les taux de vaccination selon les tranches d'âge, force est de constater que les jeunes adultes affichent un taux de vaccination plus bas que les personnes plus âgées. Or, notamment dans le cas des nombreux étudiants luxembourgeois effectuant leurs études à l'étranger, il paraît qu'un nombre important de résidents légaux luxembourgeois aient été vaccinés dans leurs pays d'études. Selon l'Association des cercles d'étudiants luxembourgeois (ACEL), le nombre d'étudiants luxembourgeois à l'étranger s'élève à environ 16.000. Il en résulte la possibilité d'une distorsion importante des statistiques vaccinales luxembourgeoises, qui risquent de conférer ainsi une image faussée de l'acceptation de la vaccination parmi la tranche d'âge principalement concernée par les études universitaires.

Dans ce contexte, nous aimerions demander les renseignements suivants de la part de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche :

1) Existe-t-il la possibilité d'un recensement au Luxembourg d'une vaccination contre la Covid-19 à l'étranger, ceci dans le but d'améliorer l'exactitude des données statistiques sur le taux de vaccination ? Dans l'affirmative et dans l'intérêt d'une solution rapide, existe-t-il une procédure numérique de recensement ?





2) Toujours dans l’affirmative, quelles démarches ont eu lieu ou sont prévues afin d’informer les étudiant-e-s sur la possibilité de faire recenser leur vaccination au Luxembourg ?

3) Une campagne d’information ou une collaboration avec les organisations représentant les étudiant-e-s luxembourgeois-es à l’étranger sont-elles prévues à ce sujet ?

4) En cas de reconnaissance de la vaccination à l’étranger, une dose vaccinale additionnelle (« booster ») peut-elle être administrée et certifiée au Luxembourg ?

**Réponse commune** (24.02.2022) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**, et de **M. Claude Meisch, Ministre de l’Enseignement supérieur et de la Recherche** :

Le Luxembourg est un pays ouvert et comporte une population hautement mobile, et il est certainement vrai que de nombreux ressortissants, notamment les étudiants, ont pu bénéficier d’une ou de plusieurs vaccinations à l’étranger. Ce phénomène ne se limite cependant pas exclusivement aux étudiants, mais concerne aussi d’autres tranches d’âge, par exemple des personnes qui ont séjourné pour des raisons professionnelles à l’étranger ou bien des retraités qui passent une grande partie de l’année à l’étranger. D’un autre côté, nous avons sur notre territoire des étrangers qui viennent régulièrement au Luxembourg pour des raisons professionnelles, qui se sont possiblement fait vacciner dans leur pays d’origine.

Les ministères concernés sont donc bien conscients que les taux de vaccination indiqués dans les statistiques officielles comportent une certaine marge d’erreur. D’ailleurs, le taux de vaccination exprimé par population résidente ne reflète qu’imparfaitement la situation d’un point de vue santé publique dans un pays qui accueille chaque jour environ 200.000 frontaliers, sur une population résidente dépassant à peine les 600.000 habitants.

Pendant l’année écoulée, la priorité du Ministère de la Santé consistait en la gestion générale de la pandémie (contact tracing, mesures d’isolement et de quarantaine) et de celle du programme de vaccination. L’enregistrement systématique - même numérisé - de tous les certificats étrangers dans le but primaire d’avoir de meilleures statistiques aurait consommé des ressources humaines qui étaient indispensables par ailleurs pour la gestion de crise. En effet, même en cas de soumission numérique, un contrôle manuel des certificats est indispensable et prend beaucoup de temps. En effet, les certificats de pays tiers ne sont souvent pas compatibles avec le format européen et même pour les pays membres de l’Union européenne, force est de constater que de nombreux centres de vaccination ou de médecins vaccinateurs étrangers ne délivrent pas de certificats conformes à la réglementation européenne, voire délivrent encore parfois des certificats manuscrits.

En application de l’article 3 bis (2) de la loi Covid-19, la Direction de la santé a cependant toujours enregistré des certificats de pays tiers pour les résidents luxembourgeois ou les personnes de nationalité luxembourgeoise, afin de délivrer des certificats européens numériques Covid conformes au règlement européen (UE)2021/953.

Un grand nombre des personnes vaccinées à l’étranger ont par la suite reçu une vaccination de rappel au Luxembourg, notamment les étudiants qui ont souvent profité des vacances de fin d’année ou des vacances de Carnaval et d’un retour au pays pour se faire administrer une dose de rappel. Ces personnes ont donc été de facto enregistrées lors de ce passage dans les centres de vaccination au Luxembourg, et sont donc comprises dans les statistiques.

Il est important de préciser à cet égard que tout résident luxembourgeois et toute personne de nationalité luxembourgeoise peut se présenter dans un centre de vaccination sans rendez-vous, munis de ses certificats étrangers de primovaccination, afin d’obtenir une dose de rappel de vaccination.

Finalement, dès que la situation épidémiologique se sera calmée et que la Direction de la santé pourra transférer des ressources humaines vers un enregistrement plus systématique des vaccinations faites à l’étranger, le Ministère de la Santé est tout à fait disposé à élargir l’enregistrement des certificats de vaccination pour les personnes qui le demanderont.

**Question 5538** (21.01.2022) de **MM. Gilles Baum et André Bauler (DP)** concernant le **camion du type « Eco combi »** :

Le développement du secteur de la logistique, dont l’importance va croissant dans un monde globalisé, représente une des pistes définies par le Gouvernement pour diversifier l’économie nationale. Dans ce contexte, la décarbonisation constitue un défi majeur pour le secteur, notamment en ce qui concerne le transport routier et aérien et surtout en l’absence, à ce stade, de technologies neutres en carbone prêtes à être commercialisées à grande échelle.

Ainsi, en attendant, et vu que la totalité du transport de marchandises ne saurait être transférée au transport par rail, de nombreux pays, tels que la Belgique ou l’Allemagne, ont choisi d’autoriser l’utilisation d’éco-combis sous certaines conditions, c.-à-d. des camions pouvant atteindre une longueur de 25 m, dont l’empreinte carbone est d’environ 20 % inférieure aux camions conventionnels, ce qui en revanche se traduit également par des économies pour les entreprises.

À noter que ces camions peuvent circuler uniquement sur des trajets bien définis, autorisés au préalable, selon différents critères, comme p. ex. qu’il n’y ait pas de possibilité de transporter les marchandises par rail.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l’Économie :

- Monsieur le Ministre peut-il informer combien d’entreprises au Luxembourg, notamment dans l’industrie, seraient intéressées à utiliser des éco-combis pour transporter des marchandises qui sont déjà aujourd’hui transportées par des camions conventionnels (et non par rail) ? Y a-t-il eu des échanges avec des entreprises à ce sujet ?

- Monsieur le Ministre est-il d’avis que le fait de ne pas autoriser l’utilisation d’éco-combis, tandis que les pays limitrophes le font, pourrait constituer un désavantage compétitif pour le Luxembourg, du moins à moyen terme ?

**Réponse commune** (08.03.2022) de **M. Franz Fayot, Ministre de l’Économie**, et de **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** :

Les honorables Députés s’interrogent sur la possibilité d’autoriser la mise en circulation de camions plus longs sur les voies publiques nationales, dans un objectif de réduire l’empreinte carbone dans le secteur du transport de marchandises.

Tout d’abord, il y a lieu de se référer aux réponses du ministre de la Mobilité et des Travaux publics aux récentes questions parlementaires n° 4356, n° 4369, n° 5167 et n° 5438, qui expliquent en détail les tenants et aboutissants de l’utilisation des véhicules de type « Eco-combi » également appelés « Gigaliner » et les raisons s’opposant à l’autorisation d’utilisation de ces véhicules aux très grandes dimensions.

Comme indiqué dans la réponse à la question parlementaire n° 4356, l’introduction des « Gigaliners » avait été promue à l’époque par un certain nombre d’entreprises du secteur de la logistique, car ces véhicules apportent notamment une réduction non négligeable des coûts pour le transport routier des biens. En effet, il peut être estimé que les coûts de transport pourraient être réduits d’environ 30 % du fait de l’exploitation de tels véhicules. Néanmoins, pour évaluer concrètement l’utilité économique, écologique ainsi que les aspects de sécurité routière relatifs à ce mode de transport, une analyse plus holistique est essentielle. Dans la réponse à la question parlementaire n° 5167, de nombreux détails ont été exposés au sujet des différents aspects et des études sur lesquelles la position du Gouvernement repose. Ces considérations constituent le fondement pour ne pas admettre le déploiement de ces véhicules plus longs et plus lourds sur les voies publiques nationales. Finalement, la question n° 5438 donne des estimations quant aux coûts indirects, c’est-à-dire de l’ordre environnemental et liés à des accidents, en relation avec l’utilisation des éco-combis par rapport au transport de marchandises par rail.

Au cours des années, certains échanges ont eu lieu avec les acteurs impliqués et le Ministère de la Mobilité et des Travaux publics. Toutefois, le Ministère de l’Économie n’a pas été contacté directement par des entreprises du secteur de la logistique qui auraient envisagé l’utilisation de ce type de camions pour le transport de marchandises.

D’ailleurs il n’y a actuellement pas d’indication que le positionnement exposé ci-avant représenterait un désavantage compétitif pour le Luxembourg qui se spécialise dans des activités logistiques à haute valeur ajoutée et dispose d’autres atouts pour les entreprises.

**Question 5550** (24.01.2022) de **Mme Martine Hansen (CSV)** concernant la **sécurité routière** :

D’Diskussioun iwwert d’Beem um Stroosserand an déi domat verbonne Froen zur Verkéierssécurité sinn net nei. Émmer nees geschéien Accidenter, bei deene Gefierer an e Bam rennen, dacks mat trageschem Ausgang.

Den 29. Januar 2019 - virun zimmlech genau zwee Joer - hat ech an der Chamber eng Question élargie zu genau deem Thema un den Här Mobilitéitsminister gericht. A senger Äntwert hat hien deemools eng Partie Moossnamen an Aussiicht gestallt.

An dësem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister an un d’Madamm Ëmweltministesch stellen:

1. Wou ass dee vum Mobilitéitsminister den 29. Januar 2019 ugekënnegte Projet drun, fir Beem, déi laut Sécherheetsaudit ze no bei der Strooss stinn, méi wäit vun der Strooss ewech an d’Felder ëmzeplanzen?

2. Wéi vill Beem sinn zanterhier ëmgeplant ginn a wou gouf dat gemaach?

3. Wéi vill Beem sollen nach ewechgeholl ginn? Wou a wéini ass dat geplangt?

4. Wéi vill Beem sinn zanterhier op nevralgische Punkte vum Stroossereseau ewechgeholl an duerch Hecken ersat ginn?

5. Op wéi engen nevralgische Punkte vum Stroosse-reseau sinn zanterhier Leitplanke virun de Beem installéiert ginn, fir dass se keng Gefor méi fir de Verkéier duerstellen?

6. Gëtt et e konkreeten Zäitplang zum Opstellen (mat konkreete Critèrë fir d’Opstellen) vu Leitplanke viru Beem? Wa jo, wéi gesäit deen am Detail aus?

7. Wéi gëtt d’Kompensatioun vu Beem an der Praxis ëmgësat, déi laanscht Strooss ewechgeholl ginn?

8. Wéi vill Prozent dovun ginn erëm mat Beem laanscht d’Strooss kompenséiert, wéi vill Prozent mat Hecken a wéi vill Prozent mat Beem op enger anerer Plaz?

9. Kann den Här Minister eng Lëscht virleeën, wou an op wéi eng Aart a Weis an de leschten zwee Joer Beem kompenséiert goufen?

10. Wann e Bam an enger Natura-2000-Zon soll ewechgeholl ginn, muss dat bekanntlech vum zoustännegge Ministère autoriséiert ginn. Kann d’Madamm Ëmweltministesch mir eng Lëscht mat alle Beem zoukomme loossen, déi op hiren Uerder hin hu misse stoe gelooss ginn?

11. Wa Beem hu misse stoe gelooss ginn, wat waren an deene respektive Fäll d’Argumenter vun der Madamm Ëmweltministesch?

**Réponse commune** (08.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable**, et de **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** :

ad 1. De Pilotprojet um CR132 a der Gemeng Jonglënster tëschent Gonnereng an Eschweiler gesäit vir, d’Stroossebeem an déi ugrenzend Felder ëmzeplanzen. Et handelt sech dobäi ëm e gemeinsame Projet mat der Naturverwaltung, wou d’Exploitante vu de Felder duerch Subside sollen incitéiert ginn, der Ëmplanzung vu de Stroossebeem zoustëmmen.

ad 2. Fir d’Beem am Kader vun der Verkéierssicherheit ëmzeplanzen, gouf et bis elo nëmmen de Pilotprojet zu Jonglënster. D’Stroossebauverwaltung protegéiert an éischter Linn d’Stroossebeem duerch Leitplanken, a wann dat net méiglech ass, ginn se ëmgehaen an op enger anerer Plaz kompenséiert. D’Kompenséierung vun de Stroossebeem leeft net iwwert de Pool compensatoire respektiv de System vun den Ekopunkten. Stroossebeem ginn 1 zu 1 ersat. De Plang fir d’Kompensatiounsplanzung ass normalerweis Deel vun der „demande d’Autorisation“.

ad 3. Enn 2020 huet d’Stroossebauverwaltung eng Analys lancéiert, fir geféierlech Stroossebeem ze identifizéieren. Et si säitdeem 141 isoléiert Beem an 20 geféierlech Strecken mat Bamaccidenter identifizéiert ginn. An enger éischter Phas ass fir 2022 geplangt, fir landeswäit 52 vun dëse Beem ëmgehaen an op enger anerer Plaz ze kompenséieren.

ad 4. Et sinn nach net vill Beem duerch Hecken ersat ginn, well do, wou Plaz feelt, fir de Bam méi wäit vun der Strooss ewech ëmzeplanzen, ass och oft net genuch Plaz, fir Hecken ze planzen. Wann d’Beem net an enger Allee stinn oder op der Plaz müssen ersat ginn, ginn d’Beem ausserhalb vum Geforeberäich geplanz.

ad 5. D’Stroossebauverwaltung beméit sech, all Joer esou vill Beem wéi méiglech duerch Leitplanken ze schützen. An deene leschten dräi Joer goufen iwwert 25 Kilometer Leitplanken als Schutz virun de Beem installéiert.

An der Analys, déi 2020 lancéiert gouf, sinn och 20 Strecken identifizéiert ginn, wou vill Accidenter mat Beem geschéien. Op 15 vun dësen 20 nevralgische Punkte goufen an deene leschte Jore scho Sécherheetsmesurë geholl. 2021 goufen ënner anerem déi accidentogène Kéieren um CR108 fir op Äische mat Leitplanken equipéiert an 2022 gëtt d’N17B tëschent Bettel a Fouhre mat Leitplanke securiséiert.

ad 6. Am Kader vun der Analys vun 2020 goufe konkreet Critèren opgestallt, fir engersäits déi geféierlech isoléiert Beem an anerersäits déi geféierlech Strecken mat vill Bamaccidenter ze identifizéieren. Fir Leitplanke kënnen opstellen, musse mindstens 1,5 Meter Ofstand tëschent dem Bam an der

Strooss verfügbar sinn. D’Stroossebauverwaltung erstellt all Joer, ëmmer do wou Verbesserungen um Stroossereseau kënnen virgeholl ginn, e Programm fir d’Opstelle vu Leitplanken op geféierleche Plazen, dëst ënnerläit awer kengem festgesaten Zäitplang, wéi dat vun der honorabeler Deputéierter gefrot gëtt.

ad 7. Fir all Bam, dee laanscht d’Strooss ewechgeholl gëtt, muss eng „demande d’abattage“ beim Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung gestallt ginn. Am Kader vun dëser Demande leet d’Naturverwaltung fest, wéi dëse Bam kompenséiert muss ginn. D’Beem ginn entweder op der nammlecher oder op enger anerer Plaz kompenséiert.

ad 8. Vun 2019 bis 2020 goufe vun deenen ëmgehaene Beem ronn 20 % op enger anerer Plaz kompenséiert, déi aner 80 % goufen op der Plaz selwer kompenséiert. Betreffend d’Unzuel vun de geplanzten Hecke verweisen ech hei op d’Äntwert vun der véierter Fro.

ad 9. Et gëtt keng Lëscht, déi d’Plaz souwéi d’Aart vun der Kompensatioun vun all den ëmgehaene Beem beinhalt.

ad 10. + 11. Den aktuelle System fir d’Gestioun vun de Geneemegungsprozedure gëtt et technesch net hier, fir esou Detailrecherchen ze maachen. Et sief awer bemierkt, dass et geplangt ass, en neie System fir d’Gestioun vun de Geneemegungsprozeduren ze entwéckelen, wou dës Funktiounen verbessert ginn.

**Question 5551** (24.01.2022) de **M. Sven Clement (Piraten)** concernant la **commission spéciale de réexamen de l’ADEM** :

An der Äntwert op d’Fro N° 5415 huet de Minister mir verschidden Zuelen zu den Delaie bei der ADEM genannt. 6 bis 6,5 Méint muss eng Persoun, déi eng Recoursprozedur bei der ADEM lancéiert, momentan waarden, bis d’Kommissioun en Urteel hëlt. Esou heescht et an der Äntwert vum Minister :

„D’ADEM ass sech bewosst, dass d’Delaie momentan laang sinn. Am Joer 2021 si Moossname geholl ginn, fir d’Delaie ze kierzten, ënner anerem ass d’Sekretariat vun der CSR personell opgestockt ginn. D’ADEM ass och amgaangen ze kucken, wou d’Bearbeitungsprozedure weider kënnen vereinfacht ginn an dreift donieft och d’Digitalisatioun vun der CSR virun, woubäi ee wësse muss, dass d’Analys vum Dossier selwer net kann digitaliséiert ginn.“

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Famill an Integratioun a fir Aarbecht dës Froe stellen:

1. Déi réaliséiert personell Opstockunge schéngen laut Minister net duerzegoen, fir d’Prozeduren ze beschleunegen. Wäerten also weider Persounen fir d’Sekretariat an d’CSR rekrutéiert ginn? Wa jo, wéini a wéi vill?

2. Wéini sollen d’Analysen iwwert méiglech Léisungen ofgeschloss ginn?

3. De Moment, wou Persounen op eng Decisioun vun engem Recours waarden, gëtt d’Ausbezuale vum Chômage ausgesat. Am Fall, wou dem Recours vum Demandeur zougestëmmt gëtt, ginn dës Méint nogeholl. Gesäit de Minister hei kee Risiko, dass Leit, déi op eng Decisioun waarden, an eng schwéier Prekaritéit falen, wa si méintelaang kee Recht op Chômage a REVIS méi hunn? Wat fir aner Méiglechkeeten hunn dës Persounen, fir dës Zäit ze iwwerbrécken?

**Réponse commune** (24.02.2022) de **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l’Intégration**, et de **M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Economie sociale et solidaire** :

ad 1. D’Sekretariat vun der CSR ass 2021 personell opgestockt ginn duerch eng administrativ Persoun an eng Sekretärin, déi elo no enger kuerzer Phas vun Ueliere ganz operationell ass, allerdéngs ass awer och nach eng Sekretärin am Congé parental, soudass d’Verstäerkerung zueleméisseg nach net voll zur Geltung kënn.

D’CSR krut awer och elo nach am Numerus Clausus 2022 e weidere Posten accordéiert.

ad 2. D’ADEM huet e Projet lancéiert, fir hir digital Struktur ze verännern, fir hir Clienten nach besser kënnen ze bedéngen an hir Missiounen beschleunéiglech ze erfëllen. An deem Kader gëtt och d’Digitalisatioun vun der CSR virugedriwwen.

De Projet e-ADEM, dee vum CTIE geleet gëtt, ass elo op europäeschem Niveau ausgeschriwwen ginn.

D’ADEM betount awer nach eemol, dass d’Analys vum eenzelen Dossier vun der CSR net kann digitaliséiert ginn.

ad 3. D’Gesetz vum 28. Juli 2018 iwwert de REVIS gesäit vir, dass de REVIS net geschëllt ass, wann eng Persoun de Benefiss vum Chômage verléiert. D’Gesetz preziséiert och d’Dauer vun der Sanktioun,





déi während dem Mount, wou de Fait générateur geschitt ass, an deenen dräi Méint duerno spillt. De Recours bei der ADEM ass net suspensiv. Am Fall, wou de Recours bei der ADEM als fondéiert erkläert gëtt, ginn déi Sanktiounen natierlech dann och erëm opgehewen.

Déi bescht Léisung, an doru schafft d'ADEM aktuell, ass, fir d'Délais de traitement erofzesetzen.

D'Alternativ wier, d'Leit weider ze bezuelen, par contre wa si awer vun der CSR Onrecht kréien, müssen d'Sue vun der ADEM recuperéiert ginn, entweeder iwwert eng fräiwëlleg Restitutioon oder iwwert de Rôle de restitution, wat och nees zu Prekaritéit féiere kann.

Des Weidere wier dat och nëmme méiglech bei Leit, déi de Chômage gestoppt kritt hunn, an net bei Leit, déi e Refus à l'octroi haten, also nach iwwerhaapt guer keng Sue kritt hunn.

**Question 5558** (24.01.2022) de **M. Fred Keup** (ADR) concernant l'annulation de classes de neige :

A Lycéeën a Primärschoule goufe wéinst der aktueller sanitärer Situatioun all d'Ausfluch a Reesen, besonnesch och d„classes de neige“, ofgesot. Well dës Ofso duerch den Här Minister awer fir vill Schüler an hir Eltere ganz kuerzfristeg an iwwerraschend kouw, bleiwe Famillen, déi zum Deel vill Geld an dës Ausfluch oder Studiereesen investéiert haten (zum Beispill Schi-Ausrüstung, Hotel, Fluchticket), elo op de Käschte setzen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt Elteren, déi am Virfeld vun esou Ausfluch a Studiereesen Onkäschten op sech gelueden hunn, bei de betreffende Schoulen nogefrot hunn, ob si fir dës Onkäschten entschiedegt ginn? Ass an deem Zesammenhang eng Uweisung vum Ministère un d'Schoulen erausgaangen?

2. Hunn déi betreffend Elteren d'Méiglechkeet, beim Ministère eng Entschiedegung unzefroen? Wann net, wat réit den Här Minister an dësem Fall den Elteren?

**Réponse** (24.02.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

Opgrond vun den héijen Infektiounszielene esouwuel zu Lëtzebuerg wéi och am Ausland gouf de Schoule scho während dem 1. Trimester vum aktuelle Schouljoer geroden, Sejouren am Ausland ze annulléieren. Eng sëllege Schoule sinn dës Recommandatioun nokomm an haten domat d'Méiglechkeet, d'Eltere matzäiten iwwert d'Annulatioun vun enger Vakanzkolonie ze informéieren, soudatt keng Onkäschten entstane sinn.

Enn Dezember 2021 respektiv Ufank Januar 2022 sinn d'Direktiounen dunn an engem offizielle Schreiwes vum Educatiounsministère doriwwer a Kenntnis gesat ginn, datt d'Sejouren am Ausland ze annulléiere wieren, an datt d'Situatioun an dësem Kontext ronderëm d'Fuesvakanz géif reevaluéiert ginn. Opgrond vun dësem Schreiwes konnten d'Schoulen hir geplangt Openthalter am Ausland annulléieren oder reportéieren, soudatt eventuell scho bezuelt Acompten net verluer sinn.

Am Fall vun Annulatiounen ass esou en offiziellt Schreiwes vun der nationaler Autoritéit, mat deem d'Sejouren am Ausland ze ënnerloosse sinn, d'Konditioun, fir datt auslännesch Ubidder déi scho bezuelt Sue rembourséieren. Dofir huet den Educatiounsministère op esou eng offiziell Kommunikatioun zeréckgegraff, soss hätt e Risiko bestanen, datt Elteren hir Suen net rembourséiert kritt hätten.

**Question 5561** (24.01.2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR) concernant la **protection des données dans le cadre de la vaccination contre la Covid-19** :

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5405 zum CovidCheck am Spidolswiese schreift d'Madamm Minister, datt si iwwer kengerlee Donnéeë verfüügt, wéi vill Leit vum Personal geimpft an net geimpft respektiv geheelt sinn. Et ass also dovun auszegoen, datt dëst och fir de Rescht vun der Populatioun gëllt. Trotzdeem krute Bierger aus all Altersgruppen, déi net geimpft sinn, kee Brëif, fir sech booster ze loossen. Anerersäits krute Bierger, déi net geimpft sinn, rezent Aluedungen, fir sech déi éischte Kiéier impfen ze loossen. Des Weidere kommunizéiert d'Regierung reegelméisseg de Prozentsaz vun de Leit, déi geboostert, geimpft respektiv net geimpft sinn.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär dës Froe stellen:

1. Wéi eng Impfregëster ginn am Kader vun der Covidsituatioun gefouert? Wéi eng Donnéeën enthalte se, no wéi enge Modalitéite ginn dës anony-

miséiert a wéi laang gi se gespäichert? Wien huet ënner wéi enge Konditiounen Zougrëff op dës Regëstere?

2. Ginn d'Leit, déi sech géint de Covid-19 impfe loossen, iwwert déi an der Fro virdu genannte Modalitéiten informéiert? Wann net, firwat net? Wéi eng Widdersprochsméiglechkeete si virgesinn?

3. Ginn déi Donnéeën mat anere Regëstere, zum Beispill deem vun den natierleche Persounen, ofgeglaan am Kader vun der Iwwerwaachung vum CovidCheck fir geziilt Kontrolle vun net geimpfte Leit agesat? Falls jo, wéi ginn dës Moossnamen dateschutzrechtlech begrënn?

4. Kann d'Madamm Minister elaboréieren, wéi et méiglech war, geziilt individuell Impfaluedungen ze verschécken, ouni d'Donnéeën vun de Leit ze kennen? Firwat goufen déi eenzel Invitatiounen net als anonymen Toutes-boîtes verschéckt?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1. D'Donnéeën, déi am Kader vun der Impfcampagne vun der Gesondheitsdirektioun gesammelt ginn, ginn esou traitéiert, wéi et am Covidgesetz vum 17. Juli 2020 virgesinn ass<sup>13</sup>. D'Natur vun de gesammelten Donnéeën souwéi d'Konservationsdauer vun dësen ass am Artikel 10 Paragraf 2 vun deem selwechte Gesetz festgehalen.

Duerch den Artikel 10 Paragraf 1bis vum Covidgesetz vum 17. Juli 2020 gëtt der Generalinspektioun (IGSS) d'Responsabilitéit fir d'Traitement vun der « [...] l'identification des catégories de personnes à inviter dans le cadre des programmes de dépistage à grande échelle et de vaccination » uvertraut. Fir dës Missioun kënnen gerecht ze ginn, kann d'IGSS Empfänger vun deenen am Artikel 10 Paragraf 2 opgelëschten Donnéeën sinn.

Des Weideren ass duerch den Artikel 10 Paragrafen 3bis a 6 « [...] l'Inspection générale de la sécurité sociale est destinataire des données traitées afin de les utiliser [...] à des fins de recherche scientifique ou historique ou à des fins statistiques dans les conditions prévues par le règlement (UE) 2016/679 précité et par la loi du 1<sup>er</sup> août 2018 portant organisation de la Commission nationale pour la protection des données et du régime général sur la protection des données, sous réserve d'être pseudonymisées au sens de l'article 4, paragraphe 5, du règlement (UE) 2016/679 précité ».

Déi traitéiert Donnéeën kënnen, ënner der Konditioun, dass se anonymiséiert ginn, fir wëssenschaftlech Recherchë verschiddenen ëffentlechen Organismen zur Verfügung gestallt ginn. Méi genau ass et den Artikel 5.1.b vum GDPR, dee virgesäit, dass ënner anerem d'Traitement, dat zu engem spéideren Zäitpunkt a fir wëssenschaftlech Recherchen oder Statistike gemaach gëtt, net als inkompatibel mat den initiale Finalitéiten ugesi gëtt. Dëst ass och konform mam Artikel 89, dee virgesäit, dass d'Traitement fir déi virdu genannten Zwecker esou gehandhaabt gëtt, dass d'Rechter an d'Fräiheete vun der betroffener Persoun respektéiert ginn. Et gëllt, technesch an organisatoresch Mesuren en place ze setzen, fir de Prinzip vun der Minimisation vun den Donnéeën ze assuréieren, wouzou och d'Anonymisation gehéiert.

All Demande vun Donnéeën, déi vun engem Recherche-Institut aus Lëtzebuerg ausgegangen ass, gëtt op d'Prinzipie vun der Legitimitéit, der Noutwendegkeet an der Proportionalitéit mat der genannter Finalitéit analyséiert. Eng Dateschutzverordnung gëtt vun de verschiddene Parteien ënnerschriften, fir dass de strikte Respekt vun de legalen Dispositiounen a vum Privatlieve vun de betroffene Persounen garantéiert ass. D'Bereetstellung vun de gebrauchten Donnéeën gëtt iwwer eng passend technesch ofgeséichert Infrastruktur realiséiert. D'Dauer, während där d'Donnéeën accessibel sinn, souwéi och d'Informatiounen iwwer d'Persounen, déi en Accès op déi Donnéeën hunn, ass zäitlech begrenzt an duerch d'Dateschutzverordnung am Virus festgeluecht. Keng individuell Donnée kann aus der securiséierter Infrastruktur erausgeholl ginn an d'IGSS këmmert sech ëm en „output checking“ vun de gesammelte Resultater, déi d'Benotzer wëllen aus dem securiséierten Ëmfeld exportéieren.

Am Respekt vun de virdu genannte legalen Dispositiounen an a Konformitéit mat den Artikelen 423 a 424 vum Code vun der sozialer Sécherheet si verschidden Donnéeën, notament déi an Zesammenhang mat der Impfung, mat enger Partie disponiblen Informatiounen vun der Base de données vun der sozialer Sécherheet duerch d'IGSS vernetzt. Heibäi handelt et sech haaptsächlech ëm sozioekonomesch an demografesch Donnéeën vun den Affiliéierten.

Déi domat zesammenhängend Traitementer gi mat striktem Respekt vun de Prinzipie vun der Propor-

tionalitéit an esou, dass de Risiko vun enger Reidentifikatioun vun enger Persoun op e Maximum limitéiert ass, gehandhaabt. Den Zougrëff op dës Donnéeën huet just eng ganz streng a limitéiert Unzuel vu Persounen, déi sech ëm déi gezielten Traitementer këmmert. D'Traitement gëtt ënnert anonym Form gemaach an op d'Matricule gëtt eréischt no der Erstellung vum Echantillon, a wann et drëmsgeet, déi betrafte Persounen am Kader vum Large-Scale-Testing a vun den Impfungen ze invitéieren, zeréckgegraff.

ad 2. Persounen, déi sech impfe loossen, ginn iwwert den Traitement vun hiren Donnéeën informéiert. Dëst geschitt engersäits iwwer eng Notiz zum Dateschutz, déi um Site <https://covid19.public.lu/fr/support/protection-donnees.html> nozeliesen ass. Doriwwer eraus müssen d'Leit, wa si e Rendez-vous fir eng Impfung iwwert myguichet.lu fixéieren, och hiren Accord zum Traitement vun hiren Donnéeën ginn.

Schlussendlech ass et och jidderengem méiglech, seng Rechter zum Dateschutz op Basis vum Règlement (EU) 2016/679<sup>14</sup> (Règlement iwwert den Dateschutz) geltend ze maachen, andeems e Kontakt mat der Gesondheitsdirektioun oder mam Délégué à la protection des données opëhlt.

ad 3. De Gesondheitsministère feiert keng geziilt Kontrolle vun net geimpfte Persounen duerch.

D'Verbindung vun den Donnéeën, déi am Artikel 10 Paragraf 2 vum Covidgesetz vum 17. Juli 2020, dat eng Rei Moossname fir d'Bekämpfung vun der Pandemie festleet, mat den Donnéeën vum nationale Register (RNPP) ka fir d'Erfüllung vun de Missiounen, déi am Kader vum Artikel 10 Paragraf 1bis vum selwechte Gesetz, néideg sinn. Dozou zielt virun allem d'Zil, kënnen d'Persounen, déi nach müssen eng Invitatioun fir d'Impfung kréien, ze identifizéieren.

D'Invitatioun selwer gëtt vum Centre des technologies de l'information de l'État (CTIE) verschéckt an d'Adress vun de Persounen gëtt nëmmen de Moment selwer vum Envoi consultéiert an ass doduerch net siichtbar fir d'IGSS beim Auswiele vun de Leit, déi ze invitéiere sinn. Dofir gëtt nëmmen d'Matricule tëscht de Verwaltungen iwwerdroen, an net d'Donnéeën, déi fir den Auswielprozess néideg sinn.

Ausserdeem ass fir d'Préparation vu verschiddene statisteschen Analysen, déi duerch den Artikel 10 Paragraf 6 vum Covidgesetz vum 17. Juli 2020 zu de Missiounen vun der IGSS gehéieren, en Traitement an d'Zréckgräifen op déi aktuell Adress vun de Leit, wéi se am Nationalregëster festgehalen ass, néideg.

D'IGSS benotzt d'Verbindung vun den uewe beschriwwenen Donnéeën net fir den Zweck vun enger Kontroll, well hinnen esou eng Missioun och net zougewise gouf.

ad 4. Virop gëllt et ze bemerken datt et bei dëser Fro ëm zwee verschidde Cas de figure geet. Am éischte Fall a wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5405 ugin, ass et esou, datt am Spidolsecteur och eng grouss Unzuel u Frontaliere schafft, fir déi d'Gesondheitsdirektioun keng Impfdonnéeën huet. Dobäi kommen nach d'Sous-traitanten, déi am Spidolsecteur aktiv sinn, déi awer net ëmmer un de Spidolsecteur kënnen rattachéiert ginn an esou net ëmmer mat an dës Calcul affléissen.

Éwéi am Covidgesetz vum 17. Juli 2020 festgehalen, huet d'Generalinspektioun vun der Sécurité sociale Accès zu den Impfdonnéeën vun de Residenten, fir déi néideg Kategorien ze identifizéieren a soumat eng individuell a geziilt Invitatioun schécken ze kënnen.

Wéi schonn an den Äntwerten op déi iewescht Froe beschriwwen, gëtt den Artikel 10 Paragraf 1bis der IGSS d'Missioun « [...] l'identification des catégories de personnes à inviter dans le cadre des programmes de dépistage à grande échelle et de vaccination ». Fir dës Zwecker kann d'IGSS d'Leit prezis fir d'Impfung invitéieren, andeems se strikt d'Prioritéite verfolgegen, déi d'Gesondheitsdirektioun am Kader vun der Impfcampagne a vum grouss Screening definéiert huet.

Wéi schonn an der Äntwert op déi drëtt Fro preziséiert gouf, identifiziéiert d'IGSS d'Matricule vun de Léit, déi nach ze invitéiere sinn, fir dass de CTIE d'Invitatiounen erausschëcke kann. Esou eng Prozedur war am Ufank vun der Impfcampagne noutwendeg, fir déi verfügbar Impfungen effektiv ze benotzen, andeems international an national Recommendationen vu medezineschen a wëssenschaftlechen Experte berücksichtegt ginn.

Et ass awer och méiglech, datt am Kader vun der Kommunikatiouncampagne vun der Gesondheitsdirektioun e puer Bréiwer un Awunner geschéckt goufen, ouni Kenntnis iwwer hiren Impfstatus ze hunn.

<sup>14</sup> Règlement (EU) 2016/679 du Parlement européen et du Conseil du 27 avril 2016 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données, et abrogeant la directive 95/46/CE.

**Question 5562** (24.01.2022) de **M. Marc Lies** (CSV) concernant les **langues utilisées pendant les vols Luxair** :

Mir ass zu Ouere komm, datt während dem Fluchbetrieb vu Luxair-Fligere d'Usoen net méi a Lëtzeburger Sprooch gemaach ginn, ma just nach op Franséisch an Englesch. Dëst wier eng nei Direktiv vu Säite vun der Direktioun vun der Airline, heescht et.

Et ass kloer, datt den Equipage op de Luxair-Flich net a véier Sproochen, also an den dräi offizielle Sproochen zu Lëtzebuerg an dem Engleschen, brauch ze kommunizéieren. Et sollt een awer och bedenken, dass déi international Sprooch d'Englesch ass.

Am Kader vun dësen Iwwerleeungen, wéilt ech folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister stellen:

- Ass den Här Minister net der Meenung, datt eis national Fluchgesellschaft Luxair déi mëndlech Usoe während dem Fluch a folgendem zwou Sproochen sollt maachen: op Lëtzebuergesch als Landessprooch an op Englesch als international Sprooch?

- Sollt de Minister anerer Meenung sinn, wat sinn d'Grënn, fir d'Lëtzebuergesch net méi als Sprooch fir d'Usoen am Fliger ze benotzen?

- Ass de Minister net och der Meenung, datt bei all geschiwwener Informatioun, déi während dem Fluch op de Bildschiermer ze gesinn ass, och d'Lëtzeburger Sprooch zur Uwendung misst kommen?

- Sollt de Minister anerer Meenung sinn, wat sinn d'Grënn fir dës Aschätzung?

**Réponse** (02.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

D'Usoen an de Fligere vun der Luxair orientéieren sech generell net no der Meenung vum Minister fir Mobilitéit, mee no de Reegelen a Virgabe vun der internationaler Aviatioun.

Prinzipiell muss hei tëscht sécherheetsrelevanten Informatiounen a kommerziellen Informatiounen ënnerscheet ginn.

An deem staark reglementéierten Ëmfeld fir international Fluchbetreiber, also och fir d'Luxair, gëllt ënner anerem d'EU-Règlement 965/2012 vum 5. Oktober 2012 „déterminant les exigences techniques et les procédures administratives applicables aux opérations aériennes“ a seng verschidden Amendementer vun der Kommissioun.

D'Kompanië sinn doduerch ugehalen, d'Sécherheetsinformatiounen un d'Passagéier an enger Form ze maachen, déi fir d'Majoritéit vun de Passagéier verständlech ass. Deemo müssen d'Sécherheetsusoen am Fliger bei der Luxair ëmmer op Englesch a minimum op enger zweeter internationaler Sprooch gemaach ginn, fir se engem Maximum vu Clienten zougänglech ze maachen. Jee no Destinatioun an der Nationalitéit vun der Majoritéit vun den Clienten, kann dat entweeder op Däitsch, Franséisch, Italieesch oder Portugisesch sinn. Dës Usoe goufen nach ni op Lëtzebuergesch gemaach. Dëst ass och d'Verständnis vun der Autorité de supervision (DAC) an der IATA. De Résumé vun dësem Contenu ass a Form vu Pictogrammen op engem Informatiounsblatt erëmfannen.

Et ass selbstverständlech wichteg, datt déi kommerziell Usoe weiderhin op Lëtzebuergesch gemaach solle ginn. Zousätzlech dozou gëtt d'Beurteilung duerch de Pilot an och de Message no der Landung ëmmer op Lëtzebuergesch duerchgefouert. Allerdéngs gëtt et ëmmer méi schwierig bei de Piloten an der Crew genuch Leit ze fannen, déi och Lëtzebuergesch schwätzen.

Och bei alle geschriwwenen Informatiounen sollt ee kloer tëscht sécherheetsrelevanten Informatiounen a kommerziellen Informatiounen ënnerscheeden. Déi sécherheetsrelevant Informatiounen solle weiderhin ëmmer drun orientéiert sinn, fir engem Maximum vun der Clientèle verständlech ze sinn, woubäi bei de kommerziellen Informatiounen Lëtzebuergesch duerchaus benotzt gëtt.

**Question 5568** (25.01.2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) concernant le **prix des produits pétroliers** :

Les prix à la pompe des produits pétroliers s'envolent et sont en train de battre les records de tous les temps. Il en est de même des factures de gaz et d'électricité. Cette évolution exerce une influence très forte sur l'inflation et touche surtout les ménages à revenus faibles.

- Dans ce contexte, j'aimerais savoir des membres du Gouvernement quelle a été l'évolution des prix au consommateur de l'essence, du diesel (gasoil), du mazout chauffage, du gaz naturel et de l'électricité depuis 2019.

- Quelle est l'évolution respective de la part TVA et accises revenant à l'État et quelle est la part prix au producteur, marge distributeur comprise dans ces prix ?





- Quel pourcentage cela représente-t-il dans les prix au consommateur ?

- Comme dans certains pays voisins le débat sur une réduction éventuelle des taux de TVA, voire des ac-cises est lancé, j'aimerais, tout en saluant les me-sures déjà engagées par le Gouvernement, savoir si celui-ci mène actuellement des réflexions similaires respectivement quelles aides supplémentaires il envi-sage le cas échéant en faveur des ménages à revenus faibles ?

- Quelle est actuellement la part de l'envol des prix de l'énergie dans le taux d'inflation du Luxembourg ?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances**, de **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie**, et de **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** :

Dans sa question parlementaire, l'honorable Député s'enquiert, en premier lieu, sur l'évolution du prix de l'énergie depuis 2019. Les données fournies par le Statec et reprises dans le graphique ci-après montrent que tous les prix de l'énergie ont progressé par rap-port à 2019, mais à des degrés variables.

Ainsi, en janvier 2022, le prix du gaz dépasse son ni-veau du début de 2019 de 66 %. Après avoir tempo-rairement baissé, il s'inscrit en nette hausse depuis l'automne dernier suite à l'envolée des prix de gros du gaz.

Quant aux prix du mazout, de l'essence et du diesel, ils suivent essentiellement l'évolution du prix du Brent et sont en janvier 2022 entre 32 % et 42 % supérieurs à leurs niveaux de janvier 2019.

Le prix de l'électricité a connu une hausse substan-tielle de 10 % en 2020.

Il y a lieu de rappeler que l'approvisionnement en élec-tricité des clients résidentiels se fait exclusivement sous forme de fourniture intégrée, c'est-à-dire en plus de la fourniture de l'énergie électrique proprement dite, toutes les autres prestations nécessaires à l'acheminement de l'électricité jusqu'au point de four-niture du client final sont facturées par le fournisseur au client final.

Pour mieux élucider l'évolution du prix total de l'élec-tricité (appelé « prix intégré »), il est indiqué de rappe-ler que le prix global de l'électricité est composé des éléments suivants :

- l'énergie électrique véritablement consommée,
- les frais d'utilisation de réseau,
- la taxe électricité et
- la contribution au mécanisme de compensation.

Le mécanisme de compensation, un mécanisme qui est destiné à répartir équitablement entre tous les gestionnaires de réseau les charges en relation avec les coûts d'achat supplémentaires dans le cadre des rémunérations de l'électricité basée sur les énergies renouvelables ou sur la cogénération, est géré par l'Institut luxembourgeois de régulation. Il calcule tous les ans les coûts liés aux rémunérations pré-mentionnées ainsi que la somme des contributions au mécanisme facturées aux utilisateurs de réseau tout en considérant la contribution directe de l'État pour fixer et publier, pour chaque année à venir, les nouveaux taux de contribution.

Fin 2021 et en janvier 2022 la plupart des fournis-seurs d'électricité avaient augmenté les prix de l'énergie électrique, notamment en raison de l'aug-mentation spectaculaire des prix de l'électricité sur les marchés.

Dans ce contexte et dans un souci de soutenir les mesures de décarbonisation par la promotion de l'énergie électrique, il a été décidé en décembre 2021 par le Gouvernement avec la contribution éta-tique au mécanisme de compensation, qu'avec ef-fet au 1<sup>er</sup> janvier 2022 la baisse des contributions des clients de la catégorie A du mécanisme de compensation (incluant les consommateurs privés) était de l'ordre de 1,5 cts/kWh (passant de 3 c€ à 1,5c€ par kWh). Avec cette baisse, chez la majorité des consommateurs l'augmentation du prix intégré de l'électricité peut être tenue en échec.

Ainsi, après une nouvelle légère hausse des prix in-tégrés en février, il est important de soulever que les prévisions en début d'année laissent présager un niveau constant des prix de l'électricité pour le restant de 2022.

Pour mémoire : Selon les dernières données d'Eu-rostat pour le 1<sup>er</sup> semestre 2021, l'électricité pour le client domestique au Luxembourg était de 60,6 % inférieur au prix en Allemagne, de 35,9 % à celui en Belgique et de 2,7 % supérieur à celui en France.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlemen-taires - rechercher n° de la question.)

Le Statec précise qu'en termes réels, c'est-à-dire en tenant compte de l'évolution du revenu disponible des ménages, les prix de l'énergie restaient en 2021 nettement inférieurs à leurs niveaux du début de la décennie écoulée. En d'autres mots, le revenu disponible (en gros : salaires + prestations sociales - impôts) a progressé plus rapidement que les prix

de l'énergie sur cette période, ce qui représente donc une augmentation du pouvoir d'achat. Selon les prévisions du Statec, le prix réel du gaz pourrait cependant, en 2022, dépasser substantiellement ses niveaux antérieurs.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlemen-taires - rechercher n° de la question.)

Le tableau suivant montre l'évolution des prix de l'énergie pour des clients résidentiels avec une consommation annuelle de 2.500 m³ :

(tableau à consulter auprès de l'Administration par-lementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - re-chercher n° de la question).

Les prix intégrés d'électricité pour les clients rési-dentiels au Luxembourg avec une consommation annuelle de 5.000 kWh se présente comme suit :

(tableau à consulter auprès de l'Administration par-lementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - re-chercher n° de la question).

Les marges des fournisseurs sont incluses dans la partie « énergie » des prix intégrés facturés aux clients finals.

Pour ce qui concerne les prix du gaz naturel, la par-tie énergie représentait en 2019 environ 60 % du prix total intégré pour les ménages alors qu'en dé-but de l'année 2022 cette partie représente environ 67 % du prix total du gaz naturel. Pour le prix de l'électricité, la partie énergie représentait environ 34 % du prix total intégré pour les clients résiden-tiels alors qu'en 2022 cette partie représente à peu près 46 % du prix intégré de l'électricité.

En ce qui concerne la part des taxes dans les prix des carburants, le tableau ci-dessous reprend, à titre d'exemple, la part TVA, accises et produit (y compris frais de distribution) du diesel au 24 avril 2020 et au 1<sup>er</sup> février 2022 :

(tableau à consulter auprès de l'Administration par-lementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - re-chercher n° de la question).

Il ressort de ce tableau que la hausse du prix consommateur du diesel depuis avril 2020 s'ex-plique majoritairement par l'augmentation du coût produit. Ainsi la part produit dans le prix consom-mateur du diesel était de 43 % au 24 avril 2020, alors qu'au 1<sup>er</sup> février 2020, elle était de 57 %. La part des taxes dans le prix consommateur du diesel a diminué sur la même période de 57 % à 43 %.

Le tableau suivant reprend l'évolution des prix TTC du diesel et la structure des prix du diesel en com-paraison avec les pays voisins :

(tableaux à consulter auprès de l'Administration par-lementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - re-chercher n° de la question).

En ce qui concerne les discussions autour d'une éventuelle réduction des taux de TVA, il convient de souligner, en premier lieu, que la législation com-munautaire interdit une application d'un taux réduit à l'essence et au diesel. Le Luxembourg applique déjà aujourd'hui le taux réduit de 8 % de TVA à la fourniture de gaz naturel ainsi qu'à la fourniture d'électricité. Le taux intermédiaire de 14 % de TVA est applicable aux livraisons de mazout.

Le Gouvernement n'a par ailleurs pas l'intention de baisser les taux applicables en matière de droits d'accise.

Lors de l'introduction de la taxe « CO<sub>2</sub> », il a été veillé à ce que la perte en pouvoir d'achat pour les ménages à faible revenu soit compensée d'un côté par un crédit d'impôt et de l'autre par une augmen-tation de l'allocation de vie chère. Le montant de cette allocation a d'ailleurs encore été revu à la hausse pour l'année 2022.

Un paquet de mesures pour amoindrir l'effet de la hausse des prix d'énergie a été présenté le 28 fé-vrier 2022 par le Gouvernement. Les nouvelles me-sures s'adressent aux ménages, très impactés par la hausse des prix de l'énergie. Le Gouvernement a notamment décidé d'introduire une prime énérgie pour ménages à faible revenu. Le prix de l'électri-cité sera, par ailleurs, stabilisé, voire légèrement ré-duit, pour les clients résidentiels en augmentant la contribution de l'État à la part « contribution au mé-canisme de compensation renouvelable/cogénéra-tion ». Le Gouvernement compte également réduire le prix du gaz naturel pour les clients résidentiels par la prise en charge temporaire par l'État des frais de réseaux. Par ailleurs, il est important de signaler que des mesures supplémentaires sont ac-tuellement en discussion au niveau européen et international pour stabiliser les prix du pétrole. En-fin, des mesures d'aides financières sont prises en vue d'accélérer la transition énergétique.

Pour répondre à la dernière question, il faut souli-gner que d'après le Statec l'énergie a nettement sti-

mulé l'inflation l'an dernier, après y avoir contribué de manière négative en 2020. En novembre dernier, l'énergie a participé très largement, à hauteur de 2,4 point de %, au pic d'inflation à 4,5 %. En janvier 2022, la contribution de l'énergie à l'inflation géné-rale s'élève à 2,1 points de %, dont près de la moitié est imputable au gaz.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration par-lementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - re-chercher n° de la question.)

**Question 5574** (25.01.2022) de **Mme Francine Closener (LSAP)** concernant les **abus sexuels au sein de l'Église catholique** :

Déi national Press huet a leschter Zäit nees op jore-laang Mëssbrauchsfall u Kanner duerch d'Lëtze-buerger Kathoulesch Kierch opmierksam gemaach. Dës Kanner waren iwwert Jore sexueller, kierperle-cher a mentaler Gewalt ausgesat a leiden dacks nach haut als Erwuessener un de Suitten vun dësem Mëssbrauch. 2010 ass ënnert der Respon-sabilitéit vum Bistum d'Hotline cathol.lu agefouert ginn, wou d'Victimme sech konnte mellen. Am Rap-port vu 2010 heescht et, 138 Gespréicher wiere gefouert ginn. Fir 2019 geet nach rieds vu 6 Affer vu sexueller Gewalt duerch kierchlech Vetrieder, déi sech op der Hotline gemellt hätten.

An dësem Zesummenhang wëll ech folgend Froen un den Här Kultusminister an un d'Madamm Justiz-ministesch stellen:

1. Gëtt et aktuell Zuele vun der Hotline cathol.lu fir d'Joren 2020 an 2021?
2. Ass et fir d'Regierung nozevollzéien, datt esou eng Hotline fir Mëssbrauchsfall duerch d'Represen-tanté vun der kathoulescher Kierch ënnert der Responsabilitéit vum Bistum gefouert gëtt? Gëtt et do keng envisageabel Alternativ?
3. Et soll an den nächste Wochen eng nei Associa-tioun gegrënnt ginn, déi sech fir Affer vu sexuellem Mëssbrauch asetzt. Ass et virgesinn, dat dës Asso-ciation staatlech Hëllef kritt, zum Beispill a Form vu Subsiden an/oder spezialiséiertem an ausgebil-tem Personal?
4. Den Äerzbistum huet „lignes directrices“ fir den Émgang mat gemellte Fall vu sexuellem Mëss-brauch vu Mannerjärege virgesinn. Deemno géif dem Affer recommandéiert ginn, eng Plainte beim Parquet ze deposéieren, falls dat nach net gemaach gi wier. Ass et net envisageabel, datt de Bistum de Parquet automatesch ze saiséieren huet, soubal de Verdacht op Mëssbrauch besteet?

**Réponse commune** (24.02.2022) de **M. Xavier Bettel, Ministre des Cultes**, et de **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice** :

ad 1. De Joresbericht fir 2020 vun der Kontaktstell fir Mëssbrauchsopfer ass an engem Communiqué vum 13. Februar 2021 vum Bistum verëffentlecht ginn.

<https://cathol.lu/aerzdiozees-archidiocese/kontakt-stelle-fur-missbrauchsopfer/kommunique-der-kontaktstelle-fur-missbrauchsopfer.html>

De Joresbericht fir 2021 soll geschwë verëffentlecht ginn. Op Nofro huet de Bistum awer scho mat-gedeelt, datt sech am Joer 2021 11 Persounen bei der Kontaktstell fir Mëssbrauchsopfer gemellt hunn.

ad 2. Op staatlecher Säit gëtt et de Service d'aide aux victimes vum Parquet général, dee Victimmen, déi eng Atteinte un hir physesch an/oder psychesch Integritéit erfieft hunn, betreit, beréit a gegebene-falls och bei eventuelle judiciaire Prozeduren ënnerstëtzt.

ad 3. D'Regierung ka sech zu dësem Zäitpunkt dozou nach net äusseren, well nach keng konkret Demande virläit.

ad 4. Den Artikel 140 vum Code pénal gesäit elo scho vir, datt all Persoun, déi Kenntnis vun engem Crime huet, bei deem et nach méiglech wier, d'Kon-sequenzen dovun ze verhënneren oder bei deem den Täter riskéiert, en neie Crime ze begoen, d'Jus-tizautoritéiten doriwwer informéiere muss.

Wann d'Affer e Mannerjärege ass, muss d'Persoun dës Informatioun weiterleeden, och wa se engem Berufsgeheimnis ënnerläit.

**Question 5579** (26.01.2022) de **M. Laurent Mosar (CSV)** concernant l'**imposition des cryptomonnaies** :

Kryptowärunge suergen ëmmer nees fir Schlagzei-len. Déi steierlech Behandlung am Fall vun Transak-tioune mat dëse Wärgungen ass dem normale Steuer-zueler net onbedéngt bekannt.

Duerfir wëllt ech folgend Froen un d'Madamm Finanzminister weiterleeden:

1. Wéi gesäit déi steierlech Behandlung vu Geschäfte mat Kryptowärgungen aus?

2. Wéi eng Deklaratiounsflchten ergi sech doduerch fir de Steuerzueler?

3. Wéi eng Strofe riskéiert de Steuerzueler, deen dëse Flchten net nokënn?

4. Wéi kontrolléiert d'Steieramt d'Anhale vun de Gesetzter an dëse Fäll?

**Réponse** (24.02.2022) de **Mme Yuriko Backes, Mi-nistre des Finances** :

ad 1. D'Steiergesetzgebung gesäit keng spezi-fesch Dispositiounen fir Kryptowärgungen vir. Fir steierlech Zwecker stellt d'Kryptowärgung e „bien incorporel“ duer a fir d'Besteuerung applizéiere sech déi allgemeng gültig Reegele vun der Akommes-steier, der Gewerbesteier an der Verméigenssteuer.

Nom ofgeännerten Akommessteiergesetz vum 4. Dezember 1967 (LIR) ass e Revenu just besteebar, wann en ënner eng vun de Revenuskategorië vum Artikel 10 LIR fällt.

Wat de Revenu ugeet, deen duerch Kryptowärgungen generéiert gëtt, kann dëse Revenu entweder an d'Revenuskategorie „bénéfice commercial“ (Artikel 14 LIR) oder an déi vun de „revenus nets divers“ (Artikel 99 LIR) falen.

Wann d'Kryptowärgung an d'Betriebsverméige vun engem Gewerbebetrieb oder vun enger Kierperschaft integréiert gëtt, da gëtt de Revenu, deen duerch d'Kryptowärgung generéiert gëtt, am Kader vun der Revenuskategorie „bénéfice commercial“ besteeiert. An dësem Fall applizéiere sech déi allgemeng gül-tig Reegelen, déi d'Bestëmmen vum „bénéfice com-mercial“ betreffen.

De Mining vu Kryptowärgung kann och e „bénéfice commercial“ generéieren, wann déi Aktivitéit d'Cri-tère vun der Onofhängegkeet, Gewinnerzielungsab-sicht, Nohaltegkeet a Bedeelegung um allgemenge wirtschaftleche Verkéier aus dem Artikel 14 LIR erfüllt oder dës Aktivitéit vun enger Kierperschaft ausgeübt gëtt.

De Mining vu Kryptowärgung kann des Weideren och als e „revenu divers“ am Sënn vum Artikel 99, Num-mer 3 LIR besteeiert ginn, wann d'Aktivitéit net d'Cri-tère vum „bénéfice commercial“ erfüllt.

Esou wéi beim Tosch vun enger virtueller Wärgung géint eng aner virtuell Wärgung, géint Euro oder géint eng Wärgung, fir déi d'Europäesch Zentralbank e Wiesselkuer fir den Euro festsetzt a publizéiert, kënn et och beim Bezuele vu Wueren oder Servicier mat enger virtueller Wärgung, steierrechtlech gesinn, zu engem Verkauf vun der virtueller Wärgung, déi fir dësen Tosch bezuelt ginn ass, an engem Akaf vun der Wärgung, der Wuer oder dem Service, deen ee bei dësem Tosch kritt huet.

All Benefiss oder Perte, déi duerch esou en Tosch realiséiert gëtt, stellt e Spekulationsbenefiss oder eng Spekulationsperte am Sënn vum Artikel 99bis LIR duer, wann tëscht Kaf a Verkauf vun der Kryp-towärgung sechs Méint oder manner leien.

D'Bezuele vun engem Service oder enger Wuer mat Kryptowärgung ännert näischt un der steierrechtle-cher Natur vun engem Revenu. E Loyer, onofhängeg dovunner, ob en an Euro oder an enger Kryp-towärgung bezuelt gëtt, fällt an d'Revenuskategorie vum Locationsrevenu.

Nieft der Akommessteuer kann de Benefiss, deen duerch Kryptowärgung generéiert gëtt, nach der Gewerbesteier an der Verméigenssteuer ënnerleien. Nom Paragraph 2 Alinea 1 an dem Paragraph 7 vum ofgeännerte Gewerbesteiergesetz vum 1. Dezember 1936, fällt um „bénéfice commercial“ vun engem Gewerbebetrieb zu Lëtzebuerg och eng Gewerbesteier un.

Wat d'Festsetzung vum Eenheitswäert vum Be-triebsverméigen a vun der Verméigenssteuer vun enger Kierperschaft ugeet, gëtt d'Kryptowärgung nom ofgeännerte Bewäertungsgesetz vum 16. Oktober 1934 bewäert.

Et sief an deem heite Kontext och op d'Prezisiou-nen an der Circulaire vum Steierdirekter vum 26. Juli 2018 higewisen.

ad 2. D'Deklaratiounsflcht couvriert de Revenu an de Benefiss, deen duerch Kryptowärgung generéiert gëtt, wann dës ënner eng vun den Revenuskatego-rië vum Artikel 10 LIR falen. Dëse Revenu an dëse Benefiss sinn unhand vun der Akommessteuerer-klärung ze deklaréieren.

ad 3. Wann e Steierflchtege seng Deklaratiouns-flcht a Besuch mat engem Revenu oder engem Benefiss, deen duerch Kryptowärgung generéiert gëtt, net erfüllt, dann applizéiere sech déi allgemeng gültig Reegele vun der ofgeännerten Abgabenord-nung vum 22. Mee 1931 (AO). Dëst kënnen administrativ Geldstrofen am Sënn vun de Para-graphen 166, 168 (2), 396 (1) a 402 (1) AO wéi och souguer penal Strofen am Sënn vun de Paragraphen 396 (5) oder 396 (6) AO sinn.

ad 4. D'Anhale vun der Deklaratiounsflcht vun engem Revenu oder engem Benefiss, deen duerch Kryp-towärgungen generéiert gëtt, gëtt mat den allgemenge Mëttele vun der Steierverwaltung kontrolléiert. Bei der Steierverwaltung präiwen d'Beamten d'Steierer-klärungen am Kader vun der Instruktiounsprozedur.





Dës Steierkontrolle kënnen ënner anerem Réckfroen un de Steierpflichtegen declenchéieren. International Initiativen an och Initiativen um EU-Niveau, wéi déi 8. Versioun vun der „Directive on Administrative Cooperation“ (DAC 8), wäerten an Zukunft d’Kontroll-moyenen am Beräich vun der Kryptowährung weider ausdeen, andeems relevant Intermediären an desen Transaktiounen verflucht ginn, de Steierverwaltung bestëmmt Informatiounen matzedeele, déi dann tëscht de Staate kënnen echagéiert ginn.

**Question 5594** (27.01.2022) de **M. Fred Keup** (ADR) concernant la piste cyclable le long de l’A3 :

An engem Interview mam „Lëtzeburger Land“ vum 21. Januar 2022 gëtt den Här Verkéiersminister follgendermoossen zitéiert: „Wenn es mir gelingt, noch ein kleines Problem mit dem Umweltministerium zu lösen, könnte der Expressradweg entlang der A3 in zwei Jahren betriebsbereit sein.“

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d’Regierung elaboréieren, ëm wéi e „klenge Problem“ et sech hei handelt?

2. Kann d’Regierung matdeelen, wéi eng zousätzlech Delaen an Zousatzkäschte géifen entstoën, falls et dem Här Verkéiersminister net sollt gëngen, dës „klenge Problem ze léisen“? Kéint et zu Verzögerunge bei aneren ëffentleche Bauprojekte féieren?

**Réponse commune** (08.03.2022) de **Mme Carole Diesbourg**, *Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable*, et de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

Am Kader vun dëser parlamentarescher Fro ergëtt sech mir an éischter Linn d’Geleeënheet, de Projet a sengen eenzele Segmenter kuerz ze presentéieren, dëst an der Reiefolleg vun der Stad Richtung Beetebuerg, spréich vun Norden no Süden.

Vun der Cloche d’Or kommend, beweegt sech de Véloexpresswee PC103 laanscht d’Autobunn A3 an de besteende Schéissstand. Uschléissend verleeft dës Verbindung op engem scho besteende Wee laanscht d’Neibaustreck vun der CFL. Op dësem Segment deelt sech fir de Moment de Vélosfuierer nach de Wee deels mam Chantierstrafic vun dem virdrunner erwäanten CFL-Projet. Wat de Chantiers-traffic oder eventuell kuerzzäitg Spärunge betrëfft, hält d’CFL natierlech all déi néideg Virkéierungen.

Op dem selwechte Wee féiert de Véloexpresswee weider Richtung Süde bis op d’Héicht vun der „Aire de Berchem“. De momentanen Tronçon géif dann iwwer eng besteend Bréck op déi ëstlech Säit vun der A3 féieren, wou et da weider iwwer besteend Weeër duerch Bierchem Richtung Beetebuerg geet. Spéider, wann den Deel Neibaustreck laanscht den Echangeur Léiweng realiséiert ass, géif dann och op dësem Tronçon de PC103 weider westlech vun der A3 Richtung Beetebuerg verlafen.

Bierchem verloossend steiert de Vélosfuierer weider a Richtung Süden op Héicht vum Saut-de-Mouton vun der Neibaustreck. Beim vum honorabelen Deputéierten erwäante Klenge Problem handelt et sech ëm de Projet vun enger Passerell, déi spéider dem Vélosfuierer erméiglecht, d’Uelzecht beim Saut-de-Mouton zu Beetebuerg ze queren. Dës Passerell stellt e Schlësselement vun der séierer Verbindung tëscht der Stad a Beetebuerg duer.

Wéi awer dem honorabelen Deputéierte verséichert ka ginn, gëtt et fir all klenge Problem och eng Léisung, déi momentan vun den zoustännegen Autoritéite vun der CFL an der Waasserverwaltung AGE am Dialog analyséiert an ausgeschafft gëtt.

**Question 5604** (28.01.2022) de **M. Sven Clement** (Piraten) concernant les **attaques informatiques du type « phishing »** :

An de leschte Méint hunn eng ganz Partie Firma mat Sätz zu Lëtzebuerg viru Phishing-Attacke gewarnt. Eng Phishing-Attack ass e grouss uge-luechte Versuch, fir u privat Donnéeën vu Persounen ze kommen, andeems ee sech als eng Firma oder eng Autoritéit ausgëtt an de Leit Norrichten an där hirem Numm zoukomme léisst.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Kommunikatioun a Medien, bannenzeg Sécherheet a Justiz dës Froe stellen:

1. Wéi vill Phishing-Attacke goufen den zoustännegen Autoritéiten an deene leschten dräi Joer gemellt (opgeschlësselt no Joer)?

2. Op wéi vill chiffriéieren d’Ministernen de monetäre Schued, deen duerch esou Attacken entstanen ass?

3. Wéi vill Plaintë goufen an deem Kontext an deene leschten dräi Joer vu Firmen deposéiert? Wéi vill vu Privatpersounen?

4. A wéi ville Fäll konnten d’Täter bestëmmt ginn?

5. Wat fir Schrëtt wäert d’Regierung ënnerhuelen, fir esou Phishing-Attacken an Zukunft besser an de Grëff ze kréien? Wéi gëtt hei mat den nationalen Telekommunikationsunternehmen zesummegeschafft?

6. Gëtt et hei um europäesche respektiv um internationalen Niveau Kollaboratiounen, un deene Lëtzebuerg sech bedeelegt? Wann net, ass geplangt, dëst an noer Zukunft ze maachen?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l’Économie*, de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d’État*, de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*, et de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1. Déi dräi lescht Joer goufe folgend Unzuele vu Plaintë weinst Phishing-Attacke gemaach:

2019: 5  
2020: 26  
2021: 41

De Service de police judiciaire ass vum Parquet mat folgenden Unzuele vun Enquêtë chargéiert ginn:

2019: 4  
2020: 7  
2021: 0

Beim GOVCERT, also dem CSIRT (Computer Security Incident Response Team) vun der Lëtzeburger Regierung goufe folgend Unzuele vu Phishing-E-Maile an de leschte Jore behandelt:

2019: 1.265  
2020: 3.214  
2021: 5.157

Beim CIRCL, dem CERT (Computer Emergency Response Team) fir de Privatsektor, d’Gemengen an d’net-Regierungs-Organisationen zu Lëtzebuerg, si folgend Unzuele vu Meldunge vu Phishing era-komm:

2019: 1.304  
2020: 1.589  
2021: 1.080

ad 2. De monetäre Schued vun dësen Attacken ass schwéier ze chiffriéieren an et ass net méiglech, heizou zouverléisseg Chifferen ze nennen.

Direkt Käschten am Sënn vu Bezuele vun Erpressungsgelder oder opgrond vu Strofen duerch Verletzung vu der GDPR als Suite vun enger Phishing-Attack, déi beim Staat ugefall wieren, goufen dem GOVCERT keng gemellt.

ad 3. An deene leschten dräi Joer goufen, wéi ënner dem Punkt 1) opgeléscht, 72 Plainten deposéiert. Vun deenen 72 Plaintë goufen der 7 vu Firmen deposéiert a 65 vu Privatpersounen.

ad 4. An zéng vun den Affären, déi ënner dem Punkt 3) detailléiert goufen, gëtt momentan nach ermëttelt. 62 Affäre si klasséiert ginn, well den Täter net konnt ermëttelt ginn. D’Opklärungsquote bei Phishing ass also relativ geréng, 2021 konnten awer an enger internationaler Operatioun an Zesummenaarbecht mat Europol a Rumänien dräi Täter verhaft ginn, déi och fir Phishing zu Lëtzebuerg verantwortlech waren.

ad 5. D’Utilisateure gi reegelméisseg a weiderhi vum CIRCL an vum GOVCERT iwwert d’Gefore vu Phishing-E-maile sensibiliséiert, a gi forméiert, fir net all Link an all E-mail unzeklicken, ouni sech ze froen, ob den E-mail authentesch a plausibel ass.

Wann ee Mataarbechter vum Staat generell Zweifel huet, ob en E-mail authentesch (oder infizéiert) ass, kann déi betraffe Persoun den E-mail ganz einfach, mat engem Klick, duerch dem GOVCERT säi Service „GC NOTIFY“ („Report Mail“-Funktoun an der E-Mail-Applikatioun vum Staat) analyséiere loosse. An Zukunft gëtt dës Service nach méi promovéiert. An dësem Sënn huet de GOVCERT d’lescht Joer sophistiquéiert Anti-Phishing-Campagnë bei verschiddenen Administratiounen gemaach. Hei goufe Phishing-Attacke simuléiert an da gemooss, wéi vill Prozent vun den Agenten op en (simuléierten) Phishing-E-mail erafalen, an ergo nach net genuch sensibiliséiert sinn. Dono huet de GOVCERT déi betraffe Persoun kontaktéiert an erkläert, wat si an Zukunft besser kënnen maachen.

Op der Säit vun der Infrastruktur, fir den Impakt vu Phishing-Campagnen ze limitéieren, instruéiert de GOVCERT de CTIE, déi staatlech Cyber Defense Systemer esou ze konfiguréieren, a gefälschten E-Maile esou ze tréieren, datt et an der Folleg net zu enger Infektioun vu staatlechen IT-Systemer kënnt, wat jo oft dat eigentlecht Zil vun enger Phishing-Attack ass.

Wann de GOVCERT gesäit, datt déi national Telekommunikationsentreprise betraff sinn oder si an hirem Rôle als Operateur eppes géint déi spezifesch Phishing-Attack kënnen ënnerhuelen, kontaktéiert de GOVCERT dës Operateuren entsprechend de Prozeduren, déi festgehalen sinn.

De CIRCL op senger Säit kommunizéiert iwwer automatiséiert Kanäl mat de groussen nationalen an auslänneschen Operateuren, fir se iwwert d’Usurpa-

tioun vun Domännimm ze informéieren, op déi d’Utilisateuren dirigéiert ginn. D’Zil ass hei, déi béisaarteg Websäiten ze stoppen, ier en Affer vum Phishing seng Benotzerdaten a säi Passwuert konnt aginn. Déi vu Phishing-Campagnë betraffe Servicer (Banken, LuxTrust...) ginn ëmmer schnellstméiglech informéiert.

ad 6. Am Kader vun den Ermëttlungen an de Fäll vu Phishing gëtt esouwuel um europäeschen ewéi och um internationalen Niveau déi traditionell „coopération judiciaire“ benotzt. Phishing fällt des Weidere ënnert déi allgemeng international Koopera-tiounen vun der Police am Beräich Cybercrime.

De CIRCL tauscht och international mat Partneren Informatiounen aus, fir dass Phishing-Aktiounen, déi rapportéiert gi sinn, och kënnen a Lëscht vu blockéierten Internetsäite vun de Browseren opge-holl ginn, soudass eventuell Affer vum Phishing net méi op dës béisaarteg Säite kënnen goen.

Lëtzebuerg ass och am Réseau vun de weltwäite CERTe gutt connectéiert. De GOVCERT an de CIRCL sinn um internationalen Niveau a verschiddene Gremien an Organisationen aktiv, wou d’Experte kucken, wéi eng Mechanisme kënnen agesat ginn, fir datt mir um internationalen Niveau eng E-Mail-Infrastruktur kréien, déi et erlaabt, d’Problematik vu Phishing-E-Maile besser unzegoen an esou den Utilisateur besser ze schützen.

Am konkretste sinn do d’Initiativen um Niveau vun der EU, méi spezifesch d’Initiativ „Modern Email Security Standards for EU (MESSEU)“, déi aktiv den DKIM-Standard („DomainKeys Identified Mail“) an den DMARC-Protokoll („Domain-based Message Authentication, Reporting & Conformance“) promou-véiert.

D’Mise en place vun dëse Mesuren awer ass eng komplex an technesch Matière. Staark vereinfacht ausgedréckt, leeft et dorobber eraus, datt all E-Mail-Server an E-Mail-Utilisateur muss authenti-fizéiert ginn, an dann nëmmen nach E-Maile uge-holl ginn, wou et vun der Infrastruktur hier bekannt ass, datt den E-Mail vun engem authentischen E-Mail-Server/Utilisateur kënnt. Dat ass schonn eng immens Verbesserung zu den aktuellen E-Mail-Pro-tokollen, mee wäert awer trotzdeem net all Phishing-Attacke kënnen ënnerbannen. An et wäert och nach daueren, bis international eng kritesch Mass un E-mail-Service-Bedreiwer deem konform wäert sinn; eng kritesch Mass gëtt awer gebraucht, fir Phishing-Attacke kënnen effizient ze bekämpfen.

De GOVCERT an de CTIE sinn zesummen, am Kader vun der Ëmsetzung vun der SNCS (Strategie nationale en matière de cybersécurité), drun ze eval-uéieren, ënner wéi enge Contrainten DKIM an DMARC op der staatlecher Säit kënnen implemen-téiert ginn, fir an Zukunft zumindest beim Staat ee bessere Schutz géint dës Phishing-Attacken ze hunn.

Um Terrain ass de GOVCERT am direkten Echange mat anere Länner, wéi zum Beispill mat den Homo-loge vum NUKIB an Tschechien.

**Question 5630** (31.01.2022) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) concernant le **Plan national de lutte contre le tabagisme** :

Mam „Plan national de lutte contre le tabagisme 2016-2020“ huet d’Regierung sech engagéiert, den nationalen Tabakspiang ëmzesetzen a wëll d’Ëmsetzung vum neien Antitabakgesetz mat positive Moosnamen ënnerstëtzen.

An deem Kontext gesäit de Koalitionsaccord 2018-2023 eng Evaluatioun vun de verschiddene sektorielle Pläng an nationalen Depistageprogram-mer vir, och déi vum Antitabaksprogramm, fir d’Ef-fizienz vun den ëmgesate Moosnamen ze beur-teelen.

An deem Kontext wëll ech der Gesondheitsmi-nistesch folgend Froe stellen:

- Madamm Ministesch, huet d’Evaluatioun vum nationalen Tabakspiang scho stattfonnt?

- Wa jo, gëtt dës Evaluatioun an d’Conclusiounen, déi gezu gi sinn, presentéiert a publizéiert?

- Wann net, wéini evaluéiert d’Regierung de Plang?

**Réponse** (08.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

De „Plan national de lutte contre le tabagisme“ (PNLT) fir d’Joren 2016-2020 gouf am Joer 2018 eng éischte Kéier evaluéiert an huet deemools gewisen, datt 31 vun insgesamt 52 Aktiounen, déi am PNLT geplangt waren, duerchgefouert goufen. Dësen intermediäre Rapport gouf dem Gesondheitsministère an der Gesondheitsdirek-tioun presentéiert an am Kader vum Comité de pi-lotage vum PNLT och diskutéiert. Ënnert deenen 31 ëmgesaten Aktiounen goufen ënner anerem folgend Aktiounen ervirgehuewen:

- d’Transpositioun vun der Direktiv 2014/40/UE an d’Tabaksgesetz vum 13. Juni 2017 (loi du 13 juin 2017 modifiant la loi modifiée du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac) mat zousätzleche Mesuren, fir d’Bild vun der Persoun, déi fëmmt, zumools bei deene Jonken ze „entnormaliséieren“ an si virum passivé Fëmmen besser ze schützen (Verbuet vum Fëmmen op de Spillplazen, an den Autoen, wa Kanner derbäi sinn an op de Sportsma-nifestatiounen, wou Kanner drun deelhuele);

- d’Mise en place vun engem Kontrollsystem vun Tabaksprodukter, esou wéi et am Artikel 15 & 16 vun der Direktiv 2014/40/UE virgesinn ass, fir d’Schmugglerwuere kënnen ze identifizéieren an esou dem illegale Commerce entgéintzewierken;

- d’Ausschaffe vu cibléierten Aktiounen fir d’Preven-tioun vum Fëmmen an de Betriber;

- d’Publikatioun an d’Mise à jour vun den Informa-tiounen um Site [www.sante.public.lu](http://www.sante.public.lu);

- d’Editioun an d’Distributioun vu Brochuren iwwert d’Gefore vum Tubak;

- d’Kommunikatioun fir de Welttag ouni Tubak den 31. Mee;

- d’Mise en place vun enger gratis Hotline „8002 6767“ souwéi vun enger E-Mailadress, fir de concernéierte Persounen kënnen ze hëllefen an hin-nen zousätzlech Informatiounen iwwert d’Ophale mam Fëmmen kënnen ze ginn;

- d’Opstelle vun nationalen Antitabakscampagnen.

D’Evaluatioun vum PNLT, déi fir Enn 2020 geplangt war, konnt duerch d’Contrainten, déi d’Pandemie mat sech gezunn huet an déi temporaire Reaffecta-tioun vun de Membere vum Comité de pilotage net wéi geplangt fäerdeggestallt ginn.

D’Evaluatioun vum PNLT ass essentiell, fir kënnen e méi kloert Bild iwwert déi generell Tabaks-consommation am Land ze hunn a fir ze identifi-zéieren, a wat fir Beräicher d’Lutte géint den Tubak ze verstärken ass. Soubal d’Ressourcë fir dës Evaluatioun nees disponibel sinn, wäert d’Evalua-tioun gemaach ginn, sou datt se am Laf vum Joer 2022 disponibel wäert sinn.

Lëtzebuerg hält de Kampf géint den Tabagisme ganz eescht an huet doraus eng national Prioritéit gemaach. De politesche Wëllen, fir d’Fëmmen ze bekämpfen, ass souwuel am Regierungsprogramm vun 2018 wéi och am nationale Kriibspiang formu-léiert an de PNLT stellt eng effektiv Méiglechkeet duer, fir dës politesche Wëlle konsequent ëmze-setzen an den Tabakskonsum an der Bevëlkerung ze reduzéieren, respektiv ze verhënnern.

Aktuell sinn 11 weider Aktiounen vum PNLT am-gaangen, ëmgesat ze ginn. De Gesondheitsmi-nistère versteet d’Wichtigkeet vun der Weiderféie-rung vun der Tabakspreventioun. Aktiounen betreff-end d’Ophale mam Fëmmen, d’Aktualiséierung vun der Informatioun iwwer Tabaksprodukter fir d’Bevëlkerung oder d’Upassung vun der Reguléie-rung en vue vum Entstoe vun neien Tabaksprodukter gi vum Gesondheitsministère an der Gesondheits-direktioun weiderhin ënnerstëtzt a vu ganz no suivéiert.

**Question 5632** (31.01.2022) de **M. André Bauler** (DP) concernant la **commission payée aux agences immobilières** :

Monsieur le Ministre de l’Économie a récemment annoncé dans une interview que la commission payée aux agences immobilières serait l’une des sources de hausses de prix sur le marché de l’immobilier et qu’il procéderait donc à une limitation de ces commissions par voie de règlement grand-ducal.

Cette affirmation me semble pourtant osée. En effet, si le marché de l’immobilier est concurrentiel (absence de monopole et d’oligopoles), ce qui est bien le cas au Luxembourg, le prix du marché est déterminé (pour une offre quasiment inélastique) par la demande du marché. Le prix qui est fixé comprend bien entendu les taxes, droits d’enregis-trement, frais de notaire et commissions, car c’est ce prix que l’acheteur est prêt à payer (en tenant aussi compte des conditions d’obtention de crédits bancaires), c’est-à-dire son prix de réservation.

Vu qu’il vend un bien dont l’offre est quasiment iné-lastique, le vendeur demandera un prix (augmenté de la commission) égal à ce prix de réservation. Donc, si la commission baisse, le prix hors com-mission augmente. Il est en effet incorrect de sup-poser que les prix hors commission (et hors taxes) sont invariants par rapport aux variations de taxes et de commissions. Un cas similaire est de penser qu’en subventionnant l’achat d’un bien dont l’offre est inélastique (comme le logement) on fait bais-ser le prix d’acquisition. Bien au contraire, les sub-ventions alimentent les poches des vendeurs.

Partant, j’aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l’Économie :





1) Monsieur le Ministre peut-il confirmer que le marché de l'immobilier est concurrentiel au Luxembourg ? Autrement dit, partage-t-il le constat que, vu la structure de l'offre, les agences se livrent, à l'heure qu'il est, assez de concurrence au niveau de la fixation des commissions ?

2) Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis que si l'on baisse ou plafonne la commission, on fera seulement les beaux jours des vendeurs, puisqu'ils devront payer moins de commissions à l'intermédiaire ? Autrement dit, Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis que l'acheteur potentiel ne profite aucunement d'un plafonnement ou d'un abaissement des commissions ?

**Réponse** (02.03.2022) de **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** :

Tel qu'il a été précisé dans la réponse à la question parlementaire n° 5494 du 13 janvier 2022, le Ministère de l'Économie étudie actuellement la faisabilité juridique de l'une ou de l'autre intervention, c.-à-d. par voie législative ou par voie réglementaire, pour freiner le cas échéant les commissions facturées par les agents et intermédiaires, l'application d'un taux forfaitaire sur le prix de vente d'un bien étant, de par son caractère incitatif, l'un des facteurs qui contribue à la hausse des prix de l'immobilier.

**Question 5640** (01.02.2022) de **M. Gusty Graas (DP)** concernant la **situation humanitaire en Afghanistan** :

Depuis le retour au pouvoir des talibans en Afghanistan, une crise économique et sociale s'abat sur le pays et la situation de vie pour la population ne cesse de se détériorer. Face à un régime oppressif, et face à une sécheresse qui force les habitants à quitter leurs villages, l'Afghanistan connaîtrait, selon l'ONU, « la pire crise humanitaire de son histoire contemporaine ».

Face à leur situation désespérée, d'après des nouvelles récentes, de plus en plus d'Afghans auraient recours à la vente d'un de leur reins, faute de pouvoir se nourrir ou assurer la survie de leur famille. Les reins, à leur tour, sont alors vendus vers l'Iran ou dans la région où la demande serait élevée.

En outre, et alors que ce phénomène existait déjà avant le retour des talibans, plus en plus d'Afghans vendraient également leurs enfants. À mesure que la crise économique s'aggrave, beaucoup d'Afghans ne verraient plus d'autres moyens, face au risque de voir leurs enfants et leur famille affamés.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et à Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire :

1) Messieurs les Ministres sont-ils au courant de la vente de reins actuellement pratiquée en Afghanistan et due à la situation économique dans le pays ?

2) Messieurs les Ministres sont-ils au courant de la vente des fils et fillettes des parents afghans, ventes exercées dans le seul but d'assurer la survie de membres de famille ?

3) Dans l'affirmative, les ministres peuvent-ils confirmer si des interventions au niveau de la politique étrangère, européenne et humanitaire sont prévues sur les lieux pour remédier la situation et lesquelles ?

4) Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire peut-il aviser combien d'aides ont déjà été déployées pour soutenir les concernés de la situation humanitaire en Afghanistan ? Des aides supplémentaires sont-elles prévues ?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes**, et de **M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire** :

ad 1) Le Ministère des Affaires étrangères et européennes est au courant de rapports officiels mentionnant cette pratique.

ad 2) Le rapport du Secrétaire général des Nations Unies sur la situation en Afghanistan et ses conséquences pour la paix et la sécurité internationales, soumis au Conseil de sécurité le 28 janvier 2022, documente diverses formes d'exploitation ou d'infractions à l'encontre d'enfants afghans, telles que la traite, la vente d'enfants, l'enrôlement et l'utilisation d'enfants par les forces armées ainsi que le travail des enfants. Selon la Direction générale pour la protection civile et les opérations d'aide humanitaire européennes de la Commission européenne (ECHO), le recours à des stratégies d'adaptation extrêmes, y compris la vente d'enfants, n'est malheureusement pas nouveau en Afghanistan ; ce phénomène ayant déjà été observé pendant la sécheresse de 2018. Or, des rapports du terrain indiquent que la pratique a atteint une ampleur sans précédent.

ad 3) En vue de lutter contre la vente d'enfants en Afghanistan, le Haut-Commissariat des Nations Unies pour les Réfugiés (UNHCR), un des partenaires principaux de l'Action humanitaire luxembourgeoise, travaille, en étroite collaboration avec les autres acteurs internationaux actifs dans les domaines de la

protection des mineurs et de la lutte contre les violences basées sur le genre, en vue de coordonner ses interventions en matière de protection des mineurs et de mariages forcés. Des stratégies au niveau national sont mises en œuvre pour lutter entre autres contre les mariages forcés, notamment par le biais de campagnes de sensibilisation et d'éducation destinées aux communautés et dirigeants religieux ou encore à travers le soutien des femmes et enfants à besoins spécifiques. En outre, l'UNHCR soutient le Child Protection Action Network qui vise la mise en place de mécanismes communautaires de lutte contre les mariages forcés.

Au niveau de l'Union européenne, le portefeuille de protection d'ECHO en Afghanistan couvre un large éventail d'interventions de protection y inclus la prévention de, et la réponse à, la violence basée sur le genre et aux violations de la protection des enfants, la prévention de la torture et de violations du droit international humanitaire. Ces interventions visent à lutter contre des pratiques liées à des stratégies d'adaptation extrêmes, telles que la vente d'enfants.

Étant donné que ces stratégies de survie sont intimement liées au manque d'accès aux besoins fondamentaux, il s'agit de les intégrer dans une approche visant à réduire la nécessité pour les personnes de recourir à ces stratégies. La crise actuelle en Afghanistan est aggravée par la rupture du système de paiement formel et le manque de liquidités dans le pays. Pour y remédier, le Bureau de coordination des affaires humanitaires des Nations Unies (OCHA) a annoncé la création d'une facilité humanitaire d'échange de devises « Humanitarian Exchange Facility » qui vise à injecter des dollars dans l'économie afghane et de garder en vie un système bancaire limité. Il est prévu que le mécanisme soit opérationnel à partir de la fin du mois de février 2022. À côté des problèmes de liquidités dans le pays, à peu près 9,5 milliards USD restent actuellement gelés en raison de contraintes légales, notamment dans le contexte des attaques du 11 septembre 2001 à New York. OCHA étudie des moyens de débloquent ces avoirs afin de pouvoir financer des services sociaux de base, notamment pour ce qui est du Fonds d'affectation spéciale pour la reconstruction de l'Afghanistan (ARTF).

Le Luxembourg salue l'adoption par le Conseil de sécurité des Nations Unies, le 22 décembre 2021, d'une résolution en vertu de laquelle l'aide humanitaire apportée à l'Afghanistan n'est pas considérée comme une violation du régime de sanctions visant des entités liées aux Talibans. Le Luxembourg s'est engagé dans les enceintes du Conseil de l'Union européenne en faveur d'une transposition rapide de cette résolution, qui s'est matérialisée en début d'année. Il s'agit d'une étape importante pour éviter tout impact négatif des sanctions sur la population afghane.

La Coopération luxembourgeoise soutient ses partenaires dans ces efforts en contribuant à l'amélioration des moyens de subsistance durables et résilients en faveur des familles les plus pauvres et démunies, en vue de remédier à la situation économique désastreuse qui pourrait, entre autres, pousser des familles à avoir recours à des pratiques telles que visées par les questions 1 et 2.

ad 4) Lors de la conférence internationale sur l'Afghanistan en novembre 2020, le Luxembourg s'est engagé à soutenir les programmes humanitaires et de développement à hauteur de 2.500.000 EUR en 2021. Compte tenu des événements survenus dans le pays en août 2021, le Luxembourg a augmenté son engagement en faveur de l'Afghanistan pour fournir un total d'à peu près 8.110.000 EUR en matière d'aide d'urgence et de coopération au développement en 2021, éléments repris dans la réponse à la question parlementaire n° 5145 du 25 octobre 2021.

Sur le plan humanitaire, les contributions de 2021 ont été mises à disposition pour des opérations de fourniture de nourriture du Programme alimentaire mondial (PAM) à hauteur de 500.000 EUR ; les activités du Haut-Commissariat des Nations Unies pour les réfugiés (UNHCR) au profit des personnes déplacées en Afghanistan et dans ses pays voisins à hauteur de 1.000.000 EUR ; et les opérations du Comité International de la Croix-Rouge (CICR), notamment en matière de santé de base et de protection, à hauteur de 1.000.000 EUR. En outre, la Fédération internationale de la Croix-Rouge (FICR) s'est vue accorder un apport de 500.000 EUR pour ses opérations en Afghanistan. Le Fonds humanitaire commun pour l'Afghanistan, géré par le Bureau de coordination des affaires humanitaires des Nations Unies (OCHA), a été soutenu avec 350.000 EUR, et la Fondation Caritas Luxembourg a été soutenue avec 232.000 EUR pour ses programmes de lutte contre la tuberculose et d'aide d'urgence pour les personnes déplacées par le conflit.

En matière de relèvement précoce, une enveloppe de 1.000.000 EUR a été accordée à l'Organisation des Nations Unies pour l'alimentation et l'agriculture (FAO) afin de promouvoir et améliorer les moyens de subsistance durables et résilients parmi les ménages les plus vulnérables et les plus exposés à l'insécurité alimentaire. Un soutien financier à hauteur de 1.000.000 EUR a été accordé pour des activités en matière d'eau, d'assainissement et d'hygiène mises en œuvre par le Fonds des Nations Unies pour l'en-

fance (UNICEF). En outre, un programme d'amélioration des services de santé de base et de nutrition, mis en œuvre par la fondation Aga Khan/PATRIIP, a été financé à hauteur de plus de 530.000 EUR en fin d'année 2021.

Dans le but de prévenir toute dégradation supplémentaire de la situation humanitaire en Afghanistan, une contribution à hauteur de 2.000.000 EUR a été accordée au Fonds d'affectation spéciale pour l'Afghanistan (ABADEI) géré par le Programme des Nations Unies pour le développement (UNDP), visant entre autres la fourniture de services essentiels et le renforcement des moyens de subsistance communautaires.

Pour l'année 2022, une enveloppe indicative de 4.000.000 EUR à des fins d'aide d'urgence en Afghanistan est envisagée. S'y ajoutent les engagements pris avec la FAO pour 2022 à hauteur de 1.000.000 EUR. Des engagements supplémentaires en matière d'aide humanitaire d'urgence et de relèvement précoce sont également envisagés pour 2022.

**Question 5643** (01.02.2022) de **M. Roy Reding (ADR)** concernant le **recensement national 2021** :

Un der Vollekszielung, déi d'lescht Joer vum Statec an Zesummenaarbecht mam Wirtschaftsministère organiséiert gi war, hu 77 % vun den 280.000 Stéit hei am Land deelgeholl, also ronn 215.000 Stéit (Quell: „L'essentiel" vum 24. Januar 2022, S.7). Verschidde Grënn si fir dës relativ niddreg Bedeelage an d'Spill bruecht ginn, an éischter Linn d'Pandemie, awer och d'Aart vun de Froen. Ronn 65.000 Stéit hunn also net un dëser Vollekszielung deelgeholl.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Wirtschaftsminister:

1. Geet den Här Minister dervun aus, datt d'Vollekszielung vun 2021, mat enger Bedeelage vu 77 % vun de Stéit (eng Zuel, déi nach, no uewe korrigéiert kéint ginn, wéi et am genannten Artikel steet: „certaines communes sont toujours en train d'actualiser les questions réceptionnées"), nach een zuverlässigen a representative Charakter huet?

2. Kann den Här Minister preziséieren, wat mat deene Leit geschitt, déi net un der Vollekszielung deelgeholl hunn?

3. Wéi deele sech déi 65.000 Stéit, déi net un der Vollekszielung deelgeholl hunn, no Nationalitéiten op?

**Réponse** (02.03.2022) de **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** :

De Statec informéiert op Nofro hin, dass d'Bedeelage um Recensement 2021 de Moment bei iwwer dräi Véierels vun der Gesamtbevölkerung läit. D'Ziele an Auswäerte vun de Pabeier- an elektronische Questionnairen ass awer nach net ganz fäerdeg, de Particiipationstaux wäert also nach liicht klammern, well d'Questionnairen, déi direkt un de Statec geschéckt goufen, nach net all gezielt sinn.

De Statec wäert an der zweeter Hallschent vum Joer 2022, wann all d'Questionnaire veraarbecht sinn, Informationnen iwwer d'Bedeelage um Recensement publizéieren.

Allerdéngs gëtt, wéi fir fréier Vollekszielungen, iwwert de Registre national des personnes physiques (RNPP) déi ganz Bevölkerung gezielt. Et ass esou, dass déi ganz Bevölkerung aus dem RNPP op dem Datum vum 8. November 2021 vum Statec berécksiichtegt gëtt. De Statec wäert esou fir all Awunner déi demografesch Charakteristiken hunn (Adress, Geschlecht, Gebuertsdatum, Nationalitéit, Gebuertsland a Familljestand). Well de Statec zousätzlech och IGSS-Date benotzt, wäert en och d'Informationnen hunn, ob eng Persoun, déi bei der CNS ageschriwwen ass schafft oder net. Zousätzlech kann de Statec iwwert de Registre des bâtiments et des logements verschidde Charakteristiken iwwer d'Wunnengen erëmfannen.

D'Daten, déi bei der Vollekszielung 2021 gesammelt goufen, wäerten also tatsächlech representativ fir d'Lëtzebuurger Gesellschaft sinn. Fir Variablen, wou dat net de Fall wier, went de Statec statistesch Techniken un, fir déi Representativitéit ze garantéieren.

Fir Persounen, déi net op d'Vollekszielung geäntwert hunn, huet de Statec d'Méiglechkeet, fir eventuell d'Moosnamen ze huelen, déi am Artikel 15 vum Statec-Gesetz virgeschriwwen sinn: « Le refus de fournir les renseignements demandés, le refus de les fournir dans le délai prescrit ainsi que le fait de fournir intentionnellement des renseignements inexacts ou incomplets est passible d'une amende de 251 euros à 2.500 euros. Le paiement de l'amende ne dispense pas de la fourniture de l'information demandée. » Zu dësem Zäitpunkt ass nach keng Decisioun geholl ginn zu der Uwendung vun dëse Moosnamen.

Eréischt wa géint Enn 2022 all d'Donnéeë veraarbecht sinn an déi administrativ Donnéeë mat den Donnéeën, déi iwwer d'Questionnaire gesammelt goufen, fusionéiert sinn, kann de Statec den demografesche Profil vun deene Leit opstellen, déi net

geäntwert hunn (Alter, Geschlecht, Nationalitéit a Gebuertsland).

**Question 5648** (01.02.2022) de **M. Jeff Engelen (ADR)** concernant l'**augmentation des tarifs du parking Gernsback** :

Sou wéi et am Artikel « Le tarif à la journée va tripler dans un parking au Kirchberg », deen de 27. Januar am „l'essentiel" publizéiert gouf, heescht, sollen d'Maximalpräisser, fir den Auto daagsiwwer (d. h. méi wéi véier Stonnen) am Parkhaus vun der Gare um Kierchberg ofzestellen, sech vum 1. Februar un vu 5 op 15 Euro verdräifachen. Vun dëser Moosnam sinn och vill Leit betraff, déi bis elo mam Auto aus dem Norden an dem Osten op de Kierchberg a vun do aus mam Tram op hir Aarbechtsplaz gefuer sinn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1. Den uewe genannte Parking gëtt vun engem Etablissement public gëiert. Iwwert wéi eng Méiglechkeet verfüügt den Här Minister, fir hei op d'Präispolitik anzewierken, respektiv wéi gouf den Aspekt vun enger sozialer Präispolitik an de Kontrakter mat der Regierung berücksichtegt?

2. Gesäit den Här Minister net de Risiko, datt vill betraffe Leit den Trajet op een e bësse méi wäite P&R, wou se net musse bezuelen, a Kaf wäerten huelen an deemtsprechend méi CO<sub>2</sub>-Emissionen ausstoussen, während den Tram parallel un Attraktivitéit verléiert? Falls jo, wéi begrënnt den Här Minister dës Decisioun am Hibleck op eng sougenannt „klimafrëndlech" Politik? Falls net, firwat net?

3. Gesäit den Här Minister an dëser Moosnam eng iwwerproportional Zousatzbelaaschtung vu Leit aus ländleche Géigenden, déi scho vun der CO<sub>2</sub>-Steier besonnesch staark betraff sinn? Falls net, firwat net?

4. Hei handelt et sech ëm eng de facto „Penalisierung" vu Leit, déi mam Auto fueren", sou wéi den Här Minister se an engem Interview, deen de 26. Januar am „Paperjam" publizéiert gouf, ugeschwat huet. Kann den Här Minister elaboréieren, ob et sech hei an deem Sënn bewosst ëm en éischte Fall vu Penalisierung vun Autoschauffeuren handelt, well no Opfaassung vum Minister och fir den Trajet bis an d'Stad genuch Alternativen am öffentlechen Transport zur Verfügung stinn? Gesäit den Här Minister d'Roll vum Staat doriwwer eraus allgemeng doran, d'Bierger zu bestëmmte Forme vun der Mobilitéit ze erzielen?

**Réponse** (24.02.2022) de **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** :

De Fonds Kierchberg ass Propriétaire vum Pôle d'échange Luxexpo, deemno och vum Parking Gernsback. De Fonds Kierchberg muss sech laut dem Gesetz (loi du 7 août 1961 relative à la création d'un fonds d'urbanisation et d'aménagement du plateau de Kirchberg) selwer finanzéieren. De Budget fir de Bau vum Parking ass 15 Milliounen Euro. De Staat war um Bau vum Parking finanziell net bedeelegt an de Fonds kritt och keng Subside vum Staat fir d'Exploitation. De Parking Gernsback gëtt dowéinst och net als gratis P&R bedriwwen. Dës Roll soll spéiderhin den Héienhaff iwwerhuelen.

Zesumme mat dem Exploitant leet de Fonds d'Präisser am Parking Gernsback fest. Den Ufankspräis war immens niddreg. Den Exploitant hätt et laangfristeg schwéier gehat, mat deem Tarif finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen. Mat senger neier Präisgestaltung läit de Parking Gernsback awer nach ëmmer ënnert der Moyenne vun de Stater Parkingen (vgl. Tableau). Seng Integratioun an eng multimodal Plattform erlaabt dem Automobilist, zu engem vergläichsweis gënschtege Präis den Auto dréchen a sécher ze parken a mam Tram ënnerhalb vun 18 Minutten matten an der Stad um Royal Hamilius ze sinn. Et kann een also net vun enger besonnescher Penalisierung vum Autoschauffeur schwätzen, wann et ëm de Parking Gernsback geet.

Doriwwer eraus ass grad de Kierchberg duerch seng zwee Pôle-d'échangen gutt un den öffentlichen Transport uegebonden. D'Busser aus dem Oste vum Land halen an der Busegare vum Pôle d'échange Luxexpo an den Tramsarrêt Rout Bréck-Pafendall ass duerch de Funiculaire direkt mat der CFL-Gare am Pafendall verbonden.

Präis fir zéng Stonne parken

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)







**Question 5649** (01.02.2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*) concernant les **ventes publiques de biens immobiliers** :

Lors de la vente immobilière sous ministère d'un notaire, l'adjudicataire d'un bien doit payer le prix annoncé augmenté de frais. Ces dépenses couvrent les frais d'organisation de l'enchère et les honoraires des professionnels qui interviennent ainsi que les frais d'enregistrement (6 %) et de transcription au profit de l'État (1 %). Les frais d'enregistrement peuvent augmenter si l'adjudicataire fait insérer une clause de revente (+ 1,2 %) ou encore si l'immeuble est situé en ville de Luxembourg et que l'adjudicataire stipule acquérir pour revendre (surtaxe communale de 3 %).

Si l'acquéreur du bien déclare acheter pour revendre, les droits d'enregistrement passent donc de 6 à 7,2 %. Mais l'acquéreur obtiendra un remboursement de 6 % en cas de revente dans les deux ans et de 4,8 % en cas de revente dans les quatre ans.

Partant je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Logement et à Madame le Ministre des Finances :

1) Quelle est la base légale du dispositif en question ?

2) Combien de ventes publiques de biens immobiliers sous ministère d'un notaire sont réalisées annuellement ? Comment ce chiffre a-t-il évolué au cours des années passées ?

3) Quel est le taux des ventes réalisées par des personnes morales parmi le total des ventes immobilières sous ministère d'un notaire ? Comment ce taux a-t-il évolué au cours des années passées ?

4) Dans combien de cas des biens immobiliers ont été acquis lors de ventes publiques pour être revendus par la suite ? Combien de fois cette revente a-t-elle été réalisée endéans les deux ans et combien de fois endéans les quatre ans ? Comment la part des acquisitions aux enchères revendues endéans les deux respectivement quatre ans a-t-elle évolué au cours des années passées ?

5) Quelle est la somme totale annuelle des remboursements des droits d'enregistrement suite aux reventes de biens immobiliers acquis lors de ventes publiques et comment ce montant a-t-il évolué au cours des années ?

6) Quelle est la justification de cette disposition ? Monsieur et Madame les Ministres ne sont-ils pas d'avis que le remboursement susmentionné incite les acquéreurs de biens immobiliers à la revente contribuant ainsi à la surchauffe des prix sur le marché immobilier ?

7) La surtaxe communale mentionnée ci-dessus est-elle prélevée directement par l'administration communale de la Ville de Luxembourg ou est-elle prélevée par l'administration centrale pour ensuite être reversée à la Ville de Luxembourg ? Dans le second cas, quel est le produit de cette taxe et pour combien d'acquisitions a-t-elle été versée au cours des années passées ?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances*, et de **M. Henri Kox**, *Ministre du Logement* :

La base légale permettant le remboursement des droits d'enregistrement dans les cas de figure spécifiques décrits par l'honorable Députée est l'article XII de la loi du 28 décembre 1976 relative aux ventes d'immeubles à construire et à l'obligation de garantie en raison de vices de construction qui dispose que : « Lorsque l'acheteur déclarera dans l'acte de vente qu'il achète l'immeuble en vue de la revendre, le droit d'enregistrement sera porté de 5 à 6 %, mais dans ce cas il sera restitué à l'acheteur 5 % si l'acte de revente est enregistré dans un délai de deux ans et 4 % s'il est enregistré dans un délai supérieur à deux ans mais inférieur à quatre ans de la première vente. Toute majoration des droits d'enregistrement prévue à l'alinéa qui précède entraînera une majoration proportionnelle des taux prévus pour la restitution ».

Sur les cinq dernières années, l'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA a enregistré un total de 324 ventes publiques de biens immobiliers, réparties comme suit :

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

Le nombre de ventes publiques réalisées par des personnes morales, vendeurs est de 45 sur le total de 324. Le détail se présente comme suit :

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

Le nombre de cas de biens immobiliers acquis en vue de la revente est de 178 pour les cinq dernières années, réparties comme suit :

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

Le nombre de reventes réalisées endéans les deux ans, et endéans les quatre ans se présente comme suit :

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

La somme totale annuelle des remboursements des droits d'enregistrement suite aux reventes de biens immobiliers acquis lors de ventes publiques sur les cinq dernières années, se répartit comme suit :

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

La disposition a initialement été introduite par l'article 17 de la loi du 17 août 1935 concernant l'assainissement de certaines créances privilégiées et hypothécaires. Par cette disposition, le législateur a tenté de mettre un terme à la fraude consistant dans le temps à dissimuler, notamment à l'aide d'une procuration, l'acquisition d'immeubles destinés à être revendus. Le régime vise notamment à favoriser l'acquisition d'un immeuble par un professionnel en vue de sa mise en valeur, pour être revendu par la suite à un client final. Au vu de la situation actuelle du marché de logement et à défaut d'un tel régime, l'acquéreur final risquerait de supporter la charge économique de deux droits de vente perçus en cas de revente.

La surtaxe communale est actuellement encore prélevée par l'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA pour être reversée à la Ville de Luxembourg. Un transfert de compétence à la Ville est prévu dans les années à venir. Le produit brut de cette taxe pour les cinq dernières années était de 1.434.373,58 EUR pour 36 ventes publiques.

**Question 5651** (01.02.2022) de **M. Paul Galles** (CSV) concernant les **recettes de la taxe sur le CO<sub>2</sub>** :

Den CO<sub>2</sub>-Präis ass dat wichtegst Instrument am Kampf géint d'Klimakris. Säit ugangs vum leschte Joer gëtt et och zu Lëtzebuerg en CO<sub>2</sub>-Präis mat engem relativ niddregen Aganksmontant.

An dëszm Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch an de Minister fir Energie stellen:

- Wéi vill Sue goufen 2021 duerch d'CO<sub>2</sub>-Steier vum Staat ageholl?

- Wéi goufen dës Suen detailléiert verdeelt, dat heescht engersäits a wéi eng Klimaschutzmoossnamen oder Programmer, an anerersäits a wéi eng konkreet sozial Mesuren?

- Wéi konnten déi sozial schwaach gestallten Haushälter vum dëse Gelder profitéieren? Ginn et heizou Statistiken? Zum Beispill zur Verärnerung vun der Kafkraaft duerch d'Allocation de vie chère am Kontext vun der CO<sub>2</sub>-Steier?

- Huet se eng Lenkungswirkung gewisen? Wéi vill manner ass un CO<sub>2</sub>-behaftete Produite kaf ginn am Verglach mat deene leschten dräi Joer?

**Réponse commune** (08.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances*, et de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

2021 sinn 198 Milliounen Euro duerch d'CO<sub>2</sub>-Steier ageholl ginn, dovunner entsprechen 71 Milliounen Euro der laang bestoender „contribution climatique“ (dem sougenannte „Kyoto-Cent“) an 127 Milliounen Euro der „neier“ CO<sub>2</sub>-Steier bei engem Präis vun 20 Euro pro Tonn CO<sub>2</sub>.

Stand haut kann ee feststellen, dass d'Aféierung vun der CO<sub>2</sub>-Steier definitiv hir Lenkungswirkung gewisen huët. D'Präisser op der Pompel zu Lëtzebuerg si manner attraktiv ginn, sou dass Réckgäng vu minus 21 % bei de Ventë vum Diesel respektiv minus 10 % beim Bensinn 2021 enregistriert goufen am Verglach mam Vir-Pandemie-Joer 2019. Domat sinn och d'Recetten insgesamt méi niddreg aus den Akzisen (accises UEBL, accises automobiles, contribution sociale, taxe CO<sub>2</sub>) a fale vun 993 Milliounen Euro fir d'Joer 2019 op elo 954 Milliounen Euro fir 2021, wat engem Réckgang vu minus 4 % entsprécht.

Gläichzäiteg ass och d'Nofro no net fossile Verkéiersmëttelen eropgaangen: d'Subside vun der effentlecher Hand hunn e grouss Succès an den Undeel vun Elektroautoen (100 %) bei den neien Immatriculationne vun Autoe klëmmt däitlech. Och den Interessi un erneierbare Léisungen an energiegescheher Renovatioun am Beräich vum Wunnen hält konsequent zou.

Wat d'Verdeelung vun de Recetten aus der CO<sub>2</sub>-Steier ugeet, sief als Éischt ze bemierken, dass deen Deel, deen dem Kyoto-Cent entsprécht, integral also ronn 71 Milliounen Euro, an de Fonds climat et énergie agespeist ginn ass.

Zweetens, esou wéi am Budget pluriannuel virgesinn, gëtt de Fonds climat et énergie ab 2022 zousätzlech gespeist mat de Recetten aus der CO<sub>2</sub>-Steier, ugefaange mat 40 Milliounen am Joer 2022 an enger linearer Erhéijung fir déi Joren drop.

Drëttens huët d'Regierung gläichzäiteg mat der Aféierung vun der CO<sub>2</sub>-Steier sozial Kompensationsmesuren decidéiert. Mat der Hausse vum Steierkredit vu 600 op 696 Euro an der Erhéijung vun 10 % vun der Allocation de vie chère op den 1. Januar 2021 huët d'Regierung e strukturelle Pak vu schätzungsweis 60 Milliounen Euro ëmgasat, deen - laut Statec - de Kafkraaftverloscht kompenséiert huët fir déi sozial méi schwaach opgestallte Stéit.

Doriwwer eraus huët d'Regierung am Kader vun de rezente geopolitischen Energiehaussen decidéiert, en „Energiegeld“ anzeféieren, dat net nëmmen d'Beneficiärë vun der Allocation de vie chère (AVC), mee och déi Stéit kréien, déi 25 % iwwert dem Revenu éligible fir d'AVC leien. Dës Hëllef wäert och zu enger sozialer Kompensatioun féieren.

**Question 5655** (02.02.2022) de **MM. Marc Spautz** et **Michel Wolter** (CSV) concernant les **concepts sanitaires des maisons de retraite et de soins** :

D'Omikron-Well huët och Lëtzebuerg mëttlerweil voll am Grëff an déi eenzel Secteuren hunn sech entspriechend Mesures sanitaires ginn. De CHEM huët elo rezent an engem Communiqué annoncéiert, d'Visiteurs/d'Visitten ze suspendéieren, dëst op Grond vum engem Omikron-Cluster am Etablissement.

Zu ënnerschiddleche Momenter während der Pandemie hunn sech och d'Alters- a Fleegehauser sanitär Konzepter ginn, fir op eng Hausse vu positive Fäll resp. op Clusteren ze reagéieren.

An deem Kontext wëlle mir follgend Froen un d'Madamm Familljeministesch an d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

- Hunn sech déi verschidden Haiser aus dem Alters- a Fleegeheemsektor an Ofspréchung mat der Inspection sanitaire eenzel sanitär Konzepter ginn?

- Wa jo, wéini goufen dës Konzepter en place gesat?

- Wéi gesäit déi aktuell Situatioun an den eenzelen Haiser aus?

- Wéi ass de genauen Timing, fir zukünfteg Konzepter en place ze setzen, an dat am Interêt vun de Bewunner an dem Personal?

**Réponse commune** (03.03.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

D'Alters- a Fleegeheemer halen sech un d'Recommandationen, déi vun der „Commission permanente pour le secteur des personnes âgées“ ausgeschafft a validéiert ginn. Dës Recommendationne gesi verschidden Zenarie vir, fir de Fall wou:

- eenzel Fäll u Covid-19 an enger Struktur optrieden, - méi wéi dräi Fäll an enger selwechter Wunnunitéit optrieden, - méi wéi dräi Fäll a verschiddene Wunnunitéite géifen optrieden.

Déi eenzel Schrëtt si jeeweils opgeléischt an d'Inspection sanitaire ass als éischte Kontakt ugi beim Optriede vu positive Fäll, awer och bei allgemenge Froen.

Jee no Haus a Situatioun huët d'Inspection sanitaire ganz individuell op déi jeeweileg Situatioun zesumme mam eenzele Gestionnaire reagéiert an ad hoc supplementar individualiséiert Konzepter opgesat, ëmmer mam Zil, d'Balance tëscht Schutz a Fräiheet vun all Eenzelem ze garantéieren an d'Gemeinschaft net onnéideg engem Risiko aussetzen. Et gouf e permanenten Austausch tëscht de Gestionnaires, der Inspection sanitaire an de Services vum Familljeministère, fir esou de Bewunner e Maximum u Liewensqualitéit, och an dëser Phas vun der Covidpandemie kënnen ze garantéieren.

Op den 22. Februar 2022 goufen nach 86 Bewunner vun Alters- a Fleegeheemer positiv op Covid-19 getest. Um Héichpunkt vun der Omikron-Well waren et der 244 (1. Januar 2022).

16 Bewunner aus 52 Alters- a Fleegeheemer sinn am Zäitraum vun der Omikron-Well vum 22. Dezember bis den 22. Februar mat/u Covid-19 verstuerwen.

Well déi meescht Bewunner vun den Alters- a Fleegeheemer geimpft a geboostert sinn, ass och bei méi Fäll an engem Haus, de groussen Deel u Bewunner, déi positiv getest gi sinn, net weider krank ginn.

De Projet de loi N° 7524 iwwer d'Qualitéit an de Services fir eeler Leit gesäit vir, dass all Gestionnaire vun enger Wunnstruktur ee Qualitéitssystem

en place setze muss an dass de Règlement général vun der Wunnstruktur, ënner anerem, Hygiène a sanitär Reegele festhale muss.

**Question 5656** (02.02.2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) concernant l'**application de taux de TVA réduits aux produits nécessaires à la lutte contre la pandémie du virus Covid-19** :

Le Gouvernement a pris, à juste titre, la décision d'appliquer un taux de TVA zéro respectivement super-réduit aux produits nécessaires à la lutte contre la pandémie du virus Covid-19. Ceci a facilité tant aux personnes privées qu'aux établissements et collectivités d'acquérir les moyens de protection ou de détection contre le virus qui sont nécessaires.

- J'aimerais dès lors savoir de Madame la Ministre des Finances quels produits ont bénéficié des réductions en matière de TVA et quels taux sont appliqués aux différents produits.

- Cette mesure est-elle limitée dans le temps ou sera-t-elle pérennisée pour certains moyens de protection ?

**Réponse** (02.03.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

La loi du 22 janvier 2021 portant modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée transpose en droit national la directive (UE) 2020/2020 du Conseil du 7 décembre 2020 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne des mesures temporaires relatives à la taxe sur la valeur ajoutée applicable aux livraisons de vaccins contre la Covid-19 et aux dispositifs médicaux de diagnostic in vitro de cette maladie en réaction à la pandémie de Covid-19.

Cette directive permet aux États membres soit d'appliquer un taux de TVA réduit, soit une exonération de la TVA aux livraisons de vaccins contre la Covid-19 et aux dispositifs médicaux de diagnostic in vitro de cette maladie jusqu'au 31 décembre 2022.

Le Luxembourg a choisi d'appliquer l'exonération de la TVA à ces livraisons et prestations de services.

Dans la circulaire 806-1 datant du 30 juin 2021 (ci-jointe), l'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA donne des explications détaillées sur l'application de cette exonération temporaire.

Comme la directive européenne 2020/2020 prévoit une durée d'application limitée jusqu'au 31 décembre 2022, il n'est pas possible de pérenniser l'application de l'exonération au-delà de cette date sans modification du cadre légal communautaire en la matière.

**Question 5660** (02.02.2022) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) concernant la **maladie de Lyme** :

D'Maladie de Lyme oder och Borreliose genannt, eng Krankheet, déi duerch eng Zeckepiqüre iwwerdroe gëtt, an Symptomer wéi Féiwer, Kappwéi, Middegkeet a Muskelwéi ausléist, gëtt bis haut oft net oder eréischt relativ spët diagnostizéiert a behandelt. Dëst aus deem Grond well et relativ schwéier ass, d'Ursach vun den Symptomer ze nennen, vum datt dës och mat anere Krankheete kënnen zesummenhängen. D'Leit ginn oft ze spët oder net richtig traitéiert, well oft d'Wësse feelt.

Den Här Minister fir sozial Sécherheet hat 2016 an engem Courrier nom Débat publique, deen op Grond vun der Petitoun N° 567 « Pour une meilleure prise en charge de la maladie de Lyme (Borreliose) » ausgeléist gi war, gefrot: « de bien vouloir analyser si le Collège médical pourrait éventuellement organiser des formations continues sur le diagnostic et le traitement des patients atteints de la maladie de Lyme pour les médecins concernés, alors qu'un diagnostic plus précoce et plus sûr de la maladie de Lyme semble être un des soucis majeurs des patients atteints de cette maladie... ».

De Collège médical huët doropshin a engem Schreiwes (Info-Point N° 21) vum Januar 2017 bemiekt: « L'organisation de la formation continue médicale est de la compétence de la Direction de la santé comme il ressort de la loi du 24 novembre 2015 portant organisation de la Direction de la santé (Art.1<sup>er</sup> 2° 9.) [...] Nonobstant le Collège médical soutient évidemment tout effort de formation des médecins dans toute discipline de la médecine, de campagnes d'information et de prévention de la maladie telles que déjà en cours, de rappel aux médecins de leur obligation de déclarer la maladie de borreliose, absolument nécessaire pour des études épidémiologiques servant de base à la prévention. »

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung mech informéieren, ob a wéi eng Formationen an deem Kader organiséiert gi sinn?





- Konnt d'Regierung feststellen, datt hir Informatiouns- a Preventiounscampagne e positivt d'Resultat hat?

- Wa jo, wat war d'Resultat a gesäit d'Regierung vir, weider iwwert d'Maladie de Lyme ze sensibiliséieren?

**Réponse** (03.03.2022) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** :

D'Fro iwwert d'Formatioun am Kader vun der Maladie de Lyme werft déi méi generell Fro iwwert d'Formation médicale continue (FMC) hei zu Lëtzebuerg op. An de meeschte Länner ass esou eng FMC obligatoresch, an et kann a verschiddene Länner dem Dokter souguer d'Autorisation d'exercer wechgeholl ginn, wann e keng FMC nowise kann.

Zu Lëtzebuerg gesäit d'Gesetz vun der Gesondheitsdirektioun effektiv vir, dass d'Missioun vun der Organisation vun der FMC bei der Santé läit an datt si och d'Inhalter vun der FMC matbestëmmt. Et lafen allerdéngs am Moment Iwwerleeungen, fir datt d'Organisation vun der FMC beim Collège médical ugesidelt gëtt, sou wéi den Accord de coalition vun 2018 dat och virgesäit « La formation médicale continue des médecins sera rendue obligatoire et les options de participation à son financement seront analysées. Son organisation sera dévolue au Collège médical ». D'Définition vun den Inhalter vun der FMC soll awer weiderhin am Kompetenzberäich vun der Gesondheitsdirektioun bleiwen.

Wat elo méi spezifesch d'Lyme/Borréiose betrëfft, huet d'Gesondheitsdirektioun bis elo keng Méiglechkeet gehat, eng Formatoun fir d'Dokteren ze organiséieren.

Nom Débat public vun der Petitioun 567 huet d'Gesondheitsdirektioun effektiv eng Sensibilisationscampagne gemaach mat ë. a. Affichen an de betraffene Gebidder an engem Dépliant mat Informatiounen fir de Grand public.

Den 1. August 2018 ass d'Gesetz iwwert d'obligatoresch Deklaratioun vu verschiddene Krankheeten a Kraaft getrueden, an den 19. Februar 2019 gouf iwwert e Règlement grand-ducal d'Lescht vun de Krankheeten, déi ze deklaréieren sinn, festgehalen. D'Maladie de Lyme gehéiert och dozou. Dëst wäert eis elo erméiglechen, fir d'éischte Kéier genau Statistiken iwwert dës Krankheet ze kréien an dono den eventuelle Effekt vun Informatiouns- a Preventiounscampagnen objektiv ze moossen. Leider konnten dës Statistiken fir d'Joren 2019-2021 op Grond vun der Covid-19-Pandemie nach net ausgewäert ginn, dëst wäert allerdéngs elo am Laf vum Joer nogeholl ginn. Soubal d'Gesondheitsdirektioun dës statistesch Instrument ausgewäert huet, kann dann och d'Evolution iwwert d'Joren analyséiert ginn an eventuell Konklusiounen betreffend Interventiounen geholl ginn.

**Question 5663** (02.02.2022) de **M. Roy Reding** (ADR) concernant les **bureaux de poste** :

D'ADR kritiséiert scho méi laang den Ofbau vu lokale Postbüroen am Land. Zënter dem Ufank vun der Covidkris huet d'Lëtzeburger POST net manner wéi 18 Filialen zougemaach. D'Decisioun, fir de Réseau vu Postagencen zolidd erfrozeschrauwen, ass 2015 gefall, deemools huet et geheescht, datt POST am Kader vu Spuermesurë 35 vun den deemools nach am ganze 97 POST-Filialen am Land zou misst maachen. Dobäi ass et awer net bliwwen a vill weider Postbüroen si verschwonnen. Och aktuell geet den Ofbau virun, zu Esch/Uelzecht sinn déi zwee Postbüroen Esch-Nord an Esch-Lalleng zougemaach ginn, esou datt an der ganzer Stad Esch nach just een eenzege Postbüro an der Rue Zénon Bernard ass. Eng nei Filial entsteet iwwerdeems just zu Belval. Et sollen och nach zwou weider Postagencen zu Bieles an zu Déiferdeng hir Diere fir ëmmer zoumaachen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Wirtschaftsminister:

1. Ass d'Regierung net der Meenung, datt lokal Filiale vu POST wichtige Bestanddeel vun der Liewensqualitéit vu ville Leit sinn, besonnesch eeler oder vulnerabel Matbierger si jo dacks, aus verschiddenen Ursachen, dorobber ugewisen?

2. Kann d'Regierung confirméieren, datt och déi zwee Postbüroen zu Bieles an zu Déifferdeng zougoe sollen?

3. Firwat intervenéiert d'Regierung net bei POST, wou de Staat jo e groussen Afloss huet, fir datt keng weider Filiale méi zougemaach ginn, respektiv anerer nees opgemaach ginn?

4. Wéi vill Postfiliale sollen um Enn nach bestoe bleiwen uechtert Land?

**Réponse** (02.03.2022) de **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** :

POST Lëtzebuerg erkläert op Nofro hin, dass se hir Presenz am Land permanent un d'Besoinen vu de Clienten upasst. POST Lëtzebuerg weist op eng

holistesche Approche hin, déi sech net an der Zuel vu Postfilialen ausdréckt, mee déi flexibel no de Besoinen vun de Clienten ausgeriicht an ugepasst ass. Zu dëser Demarche, déi virgesäit, den Zerriss um Client, den Zougang zu de Büroen an d'Éffnungszäiten ze erweideren, gehéiert och, dass eventuell Postbüroen zougemaach ginn.

POST Lëtzebuerg ënnersträicht, dass wann dat de Fall ass, de Clienten alternativ Léisungen ugebuede ginn, fir dass se ënner bessere Konditiounen vu POST hiren Zerriss profitéieren kënnen, dëst no Ofsprooch mat de Gemengen an de lokale Commercen.

E wichtige Bestanddeel vun den Zerriss vu POST sinn och d'Bréifdréier, déi déi gängeg Produite vu POST Lëtzebuerg bis bei d'Leit heembrénge kënnen, an esou zur Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun enger eeleren a vulnerablen Clientèle bäidroen.

Am Abrëll geet um Site Belval, op der Grenz tëscht de Gemengen Esch/Uelzecht a Suessem, en Espace POST op. D'Clienten, souwuel vun Esch wéi och vu Bieles, kréien do an engem moderne Kader sämtlech Zerriss vu POST Lëtzebuerg, sief et am Beräich Courier, Finanzen oder Telekommunikatiounen ugebuede. Parallell dozou huet POST Lëtzebuerg virgesinn, de Bieleesser Postbüro Enn Mäerz zougemaachen an en duerch e Point POST mat erweiderten Éffnungszäiten ze ersetzen.

Et ass de Moment net virgesinn, fir de Postbüro zu Déifferdeng zougemaachen.

POST Lëtzebuerg ass eng onofhängeg Entreprise no éffentlechem Recht, déi vun hirem Verwaltungsrot geleet gëtt. De Minister kann net an operationelle Froen intervenéieren a POST decidéiert eegestänneg wéi se hire Réseau vu Filialen de Besoinen vun de Clienten upasst.

**Question 5680** (03.02.2022) de **Mme Semiray Ahmedova** (*déi gréng*) concernant l'**approvisionnement** et la **sécurité énergétique** :

L'escalade des tensions entre l'Ukraine et la Russie met actuellement en exergue l'envergure de la dépendance énergétique de l'Union européenne vis-à-vis de la Russie et soulève la question de l'approvisionnement et de la sécurité énergétique en cas d'une suspension des livraisons de gaz russe vers l'Union européenne. La question de la diversification des voies et des sources d'approvisionnement en gaz a récemment fait l'objet de discussions entre la Commission européenne et le Gouvernement des États-Unis.

Dans ce contexte, je me permets de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Énergie :

1) Comment Monsieur le Ministre évalue-t-il l'impact d'une éventuelle diminution voire d'une rupture des livraisons de gaz russe sur la sécurité énergétique de l'Union européenne et du Luxembourg ?

2) Quelles sont les principales stratégies qui permettraient de minimiser l'impact sur l'UE d'une éventuelle diminution des livraisons de gaz provenant de la Russie et de sécuriser l'approvisionnement énergétique de l'UE et du Luxembourg à court et moyen terme ?

3) Comment Monsieur le Ministre est-il intervenu auprès de ses homologues européens à cet égard et quelles mesures ont d'ores et déjà été mises en place ?

**Réponse** (03.03.2022) de **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie** :

ad 1) Selon les chiffres publiés par l'Institut luxembourgeois de régulation (ILR), 8.028 GWh ou 730 millions de m³ de gaz naturel ont été importés en 2020, correspondant à l'entièreté de la consommation en gaz naturel. 78 % de gaz naturel ont été importés depuis la Belgique (6.255 GWh ou 569 millions de m³) et 22 % depuis l'Allemagne (1.773 GWh ou 161 millions de m³) en 2020. Selon les dernières statistiques disponibles, les importations de gaz naturel en Belgique en 2019 provenaient pour moins de 10 % de la Russie. En Allemagne, environ 55 % du gaz naturel importé provient de la Russie. Pour l'Union européenne, et selon les données d'Eurostat, le pourcentage de gaz provenant de la Russie était de 41,1 % en 2019.

En Belgique, depuis 2021, les volumes de gaz naturel provenant de la Russie ont diminué en raison de sources alternatives, notamment la Norvège et les importations de plus en plus nombreuses de cargos de gaz naturel liquéfié au terminal de Zeebrugge.

L'ENTSOG, l'organisation des gestionnaires de réseaux de transport gaziers en Europe, a récemment montré dans son analyse lors d'un Gas Coordination Group, organisé par la Commission européenne, que grâce à la diversification des importations de gaz naturel en Europe, entre autres des livraisons de gaz naturel liquéfié par cargos, le niveau des stocks de gaz naturel en Europe et un hiver plus clément que la moyenne, l'approvisionnement

de gaz naturel sera assuré pour cet hiver. De même, l'Agence internationale de l'énergie, en réalisant ses propres analyses sur le même sujet, a conclu au même résultat. Cette analyse comprenait également différents scénarios de défaillance de l'approvisionnement en gaz russe, y compris le risque d'une interruption complète.

La situation continue d'être suivie de près à différents niveaux et diverses mesures sont prises pour continuer à garantir la sécurité de l'approvisionnement.

ad 2) + 3) Dans le contexte d'une situation géopolitique tendue et des niveaux de prix du gaz naturel très élevés, j'ai mis en avant lors d'une réunion extraordinaire du Conseil des ministres de l'Énergie de l'UE en octobre dernier au Luxembourg, qu'il y a lieu de prendre des mesures à court et à moyen terme afin d'éviter une plus forte indépendance énergétique de l'Europe face à des pays tiers.

J'ai notamment initié un débat entre mes homologues concernant une évaluation du fonctionnement du système de stockage de gaz naturel en Europe et les stratégies d'achat de gaz, mais aussi pour une évaluation d'un éventuel abus de position dominante de certains acteurs du marché du gaz.

Donnant suite à cette discussion, j'ai mis en place un groupe de travail au niveau du Forum pentalatéral de l'énergie, regroupant les représentants des ministères des trois pays du BeNeLux, ainsi que de l'Allemagne, la France, l'Autriche et la Suisse, afin d'organiser un échange de meilleures pratiques et possibles adaptations réglementaires et légales pour assurer que les stocks de gaz naturel souterrains soient toujours bien remplis au début des périodes hivernales. Cette approche a été appréciée et soutenue par tous les participants, et est devenu également un sujet important discuté au niveau européen. Une communication de la Commission européenne a été annoncée pour tenir compte de ces aspects avec des mesures concrètes.

Au vu de la guerre entre la Russie et l'Ukraine, il semble probable que le prix du gaz naturel et les risques liés aux sources d'approvisionnement restent à des niveaux élevés. Néanmoins, les mesures nécessaires sont prises afin d'assurer l'approvisionnement de gaz naturel en Europe pour les mois et années à venir en diversifiant les origines d'importation et en poursuivant les efforts dans le domaine de l'efficacité énergétique et des énergies renouvelables. En effet, afin de réduire de façon considérable la dépendance européenne des énergies fossiles, une mise en œuvre accélérée du paquet « Fit for 55 », qui vise la réduction de 55 % des émissions de gaz à effet de serre d'ici à 2030, est plus que jamais indiquée. Pour atteindre cet objectif, il y a lieu de développer de façon massive les énergies renouvelables, d'octroyer des aides dans le domaine de l'efficacité énergétique et d'augmenter les interconnexions entre les marchés énergétiques. L'énergie nucléaire ne fait d'ailleurs pas partie des solutions durables à la situation actuelle, car entre autres, elle ne fournira pas de réponses concrètes avant 2035, 2038, 2040, la mise en service de nouveaux réacteurs prenant des laps de temps très importants.

**Question 5682** (03.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant l'**enquête sur le bénévolat au Luxembourg** :

Den 28. September 2021 gouf an der Familljekommissioun meng Motioun vum 9. Juli 2020 iwwert ee Screening vun de bestoend Congée behandelt. D'Familljeministesch huet erkläert, dass eng Enquête zum Bénévolat zu Lëtzebuerg um Lefe wier, an dass dës viraussiichtlech Enn des Joers soll ofgeschloss sinn.

An deem Zusammenhang wëllt ech der Ministesch fir Famill an Integratioun dës Fro stellen:

- Ass dës Enquête mëttlerweil ofgeschloss?  
• Wa jo, wat sinn d'Resultater vun dëser Enquête?  
• Wann nee, kann d'Ministesch mir een Zäitplang nennen, an deem d'Enquête wäert ofgeschloss ginn?

**Réponse** (03.03.2022) de **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration** :

De Sondage ass mëttlerweil ofgeschloss.

D'Resultater vum Sondage ginn den honorablen Deputéierten den 21. Mäerz 2022, moies ëm 9.00 Auer an enger dofir aberuffener Sëtzung vun der Familljen- an Integratiounskommissioun virgestallt.

**Question 5684** (03.02.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant les **récents incidents à Differdange** :

Verschidde grouss Gemenge stinn ëmmer méi dacks an der Press, well et dättelech Sécherheetsprobleemer gëtt. An der Lescht hat - no Esch, Ettelbréck an der Stad Lëtzebuerg - och Déif-

ferdeng dës zweifelhaft Eier. D'Police huet et ëmmer méi schwéier, a bestëmmte Quartieren oder Uertschaften d'Recht an hir Autoritéit duerchzusetzen.

An deem Kontext hätt ech dës Froen un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un d'Madamm Justizminister:

1. Et schéngt, wéi wann déi gréisser Uertschaften hei am Land all mat Sécherheetsproblemer konfrontéiert wäeren. Stellen dës Entwécklungen an deem ze erwaardenden, weidere Bevëlkerungswuesstem, dee sech och un dës Brennpunkte wäert iwwerdurchschnëttlech néierschloen, déi aktuell Rekrutierungspläng bei der Police a Fro? Ginn net a Wierklechkeet nach méi Polizisten gebraucht wéi aktuell virgesinn?

2. Wéi wierkt sech d'Zoumaache vun engem Kommissariat op d'Sécherheet an enger Gemeng aus? Gëtt et do scho konkret Erfahrungswäerter aus betraffene Gemengen? Wäre bei Virkommissar wéi elo ronderëm de Park Gerlache zu Déifferdeng eng grouss Reaktivitéit duerch d'Proximitéit vun engem gréisseren Kommissariat net vu grousser Wichtigkeet?

3. Ginn d'Police-Befugnisser duer, fir Leit Meeschter ze ginn, déi a Gruppen optrieden a sech quasi een Etablissement als „Hauptquartier“ ausgesicht hunn?

4. Sinn ënnert deenen aktuelle Gesetzter eis Poliziste genuch geschützt, fir géint aggressiv Gruppe vu Leit decidéiert virzegoen a sech ze wieren, wa si beleedegt, bespaut oder physisch ugegraff ginn? Oder musse si an der permanenter Angscht virun disziplinareschen a juristeschen Konsequenzen liewen, wa si sech wieren?

5. An eisen Nopeschlänner an a ganz Europa gëtt et „zones de non-droit“ a groussen Uertschaften. Ass Lëtzebuerg och um Wee, fir Quartieren ze kréien, an deenen d'Police net méi déi néideg Mëttelen an net déi néideg politesch Ënnerstëtzung huet, fir eise Rechtsstaat wierksam ze verdeedegen?

6. Wäre d'Regierung d'accord, fir et der Police ze erlaben eng transparent, eierlech a komplett Kommunikationspolitik ze hunn, ouni missen op politesch Virgäbe Récksiicht ze huelen? Huet d'Éffentlechkeet net e Recht drop, alles gewuer ze ginn, wat hei am Land am Beräich vun der éffentlecher Sécherheet geschitt?

**Réponse commune** (24.02.2022) de **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure**, et de **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice** :

ad 1. Den aktuelle Rekrutierungsplang vun der Police baut op verschidde Facteuren op, wéi zum Beispill d'Auswärtung vun de Kriminalitätsstatistiken, déi aktuell Charge de travail vun den Unitéiten, de Bevëlkerungswuesstem an esou weider.

D'Unitéite ginn doropshin dann och net no engem rigide Schema verstärkt, mee opgrond vun de reellen Besoinen, déi sech aus der ablécklecher Analys vun deenen verschiddene Facteuren bilden. D'Police rekrutéiert massiv an huet och vill Stagiairen an der Ausbildung. Well d'Besoinen um Terrain vun engem Dag op deen anere wiessele kënnen, wéi zum Beispill déi aktuell Evenementer am Kader vun den Anti-Covid-Manifestatiounen bewisen hunn, muss een dat flexibel kënnen adaptéieren.

ad 2. Eng vun den Prerogative vun der Policereform vun 2018 ass et, méi reaktiv op d'Evolution vun der Gesellschaft an der Kriminalitéit am Allgemengen ze reagéieren an d'Effektivitéit méi effizient de jeeweilege Besoinen um Terrain entsprechend anzusetzen.

Fir dës Zil ze erreechen, huet d'Police Kommissariater fusionéiert, respektiv kleng Unitéiten a grouss regional Unitéiten integréiert. Et kann een also net vun engem Zoumaache vu Kommissariater schwätzen, mee éischer vun engem Regruppéieren vu Ressourcen.

Duerch dës méi grouss Unitéite verfügen d'Policergrounzen elo iwwer méi Kapazitéiten, fir, de spontane Besoinen entsprechend, Patrullen um Terrain ze hunn. Dat Ganz gëtt duerch den nationalen „Einsatzleitsystem“ (ELS) gesteiert, deen ënner anerem all national disponibel Equipe geréiert. Dëst erlaabt et der Police dann och, reaktiv op Situatiounen ze reagéieren, wéi zum Beispill am Kader vun de Virkommissar ronderëm de Park Gerlache zu Déifferdeng, wou bannent kierzester Zäit 12 Patrullen mat jeeweils 2 Mann op der Plaz waren.

ad 3. + 4. Wéi an alle moderne westlechen Demokratien sinn d'Policebefugnisser och hei zu Lëtzebuerg vum Legislatuer op déi aktuell gesellschaftlech Lag ofgestëmmt a bidde genuch Schutz fir Beamten.

Dat verhënnert awer net, punktuell eis Legislatioun ze adaptéieren a se den neie Realitéiten um Terrain unzepassen, dofir ass netamant ugeduecht, Strofen a Fäll vu Rebellioun eropzesetzen.

Plainté géint Polizisten wëinst Gewalt ginn objektiv vun enger onofhängeger Verwaltung, der Inspection générale de la police, ënnersicht. D'Polizisten





mussen deemno net fäerten, zu Onrecht penale Suitten ausgesat ze ginn.

ad 5. Sou eng Entwécklung hei zu Lëtzebuerg ass de Ministeren net bekannt.

ad 6. D'Regierung bestëmmt net, wouriwwer d'Police kommunizéiert.

De Ministère fir bannenzeg Sécherheet ass aktuell amgaangen ze analyséieren, wéi een d'Statistike ka verbesseren, an ze kucken, wéi eis Nopeschlänner mat Statistiken ëmginn a wéi si dës publizéieren.

**Question 5692** (04.02.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant la **situation humanitaire en Syrie** :

Duerch de Krich an déi politesch Onrouen a Syrien ass elo och nach déi humanitär Situatioun fir d'Zivilbevëlkerung immens ugespaant.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Bausseminister:

1. Ënnerstëtzt d'Lëtzebuenger Regierung aktuell nach Sanktioune géint Syrien? Wa jo, kann den Här Minister oplëschen, ëm wéi eng Sanktiounen et sech handelt?

2. Wéi eng vun deene Sanktiounen hunn en negativen Impakt op d'Versuergungslag vun der Populatioun? Sollt et esou Sanktioune ginn, déi vu Lëtzebuerg ënnerstëtzt ginn, gedenkt d'Regierung, hir Sanktiounspolitik géintwuer Syrien ze änneren?

3. Misst de Westen seng Isolatiounspolitik géintwuer dem syresche Regime net änneren, fir op d'mannst eng Verbesserung vun der humanitärer Lag an eng Rapatriéierung vu méiglechst ville syresche Refugiéén a séchere Konditiounen ze erméiglechen?

4. Wär et net un der Zäit, fir e realistesch Konzept fir eng ekonomesch Stabiliséierung vu Syrien ze entwéckelen?

5. Hält d'Regierung et fir realistesch, weider op e Regimmwiessel a Syrien ze tabléieren oder sollt si sech net besser mat de Realitéiten an deem Land ofginn?

**Réponse** (11.02.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

Am Kontext vum Krich a Syrien bestinn zanter dem 9. Mee 2011 Sanktiounen op EU-Niveau. Eng Oplëschtung vun dese Sanktiounen ass ënnert folgendem Link ze fannen: <https://eurlex.europa.eu/legal-content/FR/TXT/HTML/?uri=CELEX:02013D02-55-20211213&from=EN>

Bei den EU-Sanktiounen handelt et sech ëm cibléiert individuell a sektoriell Restriktiounen, déi esou konzipéiert sinn, fir en negativen Impakt op d'Versuergungslag an op d'humanitär Hëllef a Syrien ze vermeiden.

Den unhalende Krich a Syrien an déi unhalend Repressioun vum syresche Regime géint d'Zivilbevëlkerung erlabe kee séchere Retour vu syresche Refugiéén an hiert Heemechtsland. Dëst ass onofhängeg vun der Politik vun der EU oder vun aneren Drëttstaate vis-à-vis vum syresche Regime.

Eng Stabiliséierung an en dauerhafte Friden a Syrie kënnen nëmmen erreicht ginn duerch e politesche Prozess, am Aklang mam Communiqué vu Genève a mat der Resoloutioun 2254 vum UNO-Sécherheitsrot. Heifir wäert d'Regierung sech weiderhin asetzen.

**Question 5693** (04.02.2022) de **M. Gilles Roth**, **Mme Diane Aدهم**, **MM. Serge Wilmes** et **Laurent Mosar** (CSV) concernant le **congé syndical** :

Il nous revient que certains délégués se sont vus refuser le conseil syndical pour la participation à l'assemblée générale du Syndicat professionnel de la force publique (SPFP).

C'est dans ce contexte que nous aimerions poser les questions suivantes à Messieurs les Ministres de la Sécurité intérieure et de la Fonction publique :

- Messieurs les Ministres peuvent-ils confirmer ces informations ?

- Dans l'affirmative, Messieurs les Ministres peuvent-ils nous fournir la base légale de ce refus ?

- À défaut de base légale, Messieurs les Ministres ne considèrent-ils pas qu'un tel refus constitue une entrave arbitraire à l'exercice de la liberté syndicale ?

**Réponse commune** (03.03.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure*, et de **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique* :

Le Syndicat professionnel de la force publique (SPFP) a organisé son assemblée générale en date du 4 février 2022 à 17.00 heures. Dans ce contexte, le SPFP a souhaité obtenir l'autorisation d'une dispense de service pour ses membres, afin que ces derniers puissent participer à cette assemblée générale.

Le refus de la demande de dispense de service était motivé sur base d'une non-application de l'article 5 du règlement grand-ducal modifié du 5 mars 2004 relatif à la représentation du personnel au sein des administrations, services et établissements publics de l'Etat qui dispose que : « 1. La représentation du personnel se compose au minimum de trois et au maximum de onze membres. Elle est autorisée à se réunir douze fois par an, sur convocation de son président, pour délibérer des affaires pendantes. Pour ces réunions, la direction met un local approprié à sa disposition. La durée de ces réunions ne peut dépasser quatre heures. Les membres bénéficient d'une dispense de service pour ces réunions. En outre, ils bénéficient d'une dispense de service pour tous les déplacements liés à la participation à des entrevues avec les responsables politiques ou administratifs.

2. Les règles régissant ces réunions sont celles fixées par les statuts de l'association pour les délibérations de son comité. »

Le Syndicat professionnel de la force publique (SPFP) ne constitue pas une représentation du personnel. Il s'agit d'une ASBL ayant le rôle d'un syndicat et non d'une représentation du personnel. De ce fait, l'article 5 cité ci-dessus ne s'applique pas non plus dans le cas d'une demande de dispense de service. À noter d'ailleurs que la dispense de service en question ne s'applique qu'aux membres de la représentation du personnel et non pas à tous les membres d'une association professionnelle.

Les dispositions du règlement grand-ducal modifié du 5 mars 2004 et plus précisément celles relatives à une dispense de service ne sont pas applicables aux membres du SPFP.

Aucune autre disposition légale n'a d'ailleurs pu être appliquée à la demande du SPFP :

- Le congé syndical est réglé par l'article 28-8 de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ainsi que par l'article 33 du règlement grand-ducal du 3 février 2012 fixant le régime des congés des fonctionnaires et employés de l'État. Cependant, la demande du SPFP ne tombe ni sous l'application de l'article 28-8 du statut des fonctionnaires, ni sous l'article 33 du règlement grand-ducal cité ci-dessus.

- L'article 19quater de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État, concernant les dispenses de service ne s'applique pas non plus dans ce cas précis.

Il en découle donc qu'une dispense non prévue par la loi ne peut être accordée.

Cependant, tout agent est libre d'assister à ces réunions en dehors de son temps de travail normal.

**Question 5698** (07.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **rencontre entre le Grand-Duc Henri et le Président de la Chine** :

De lëtzebuergesche Groussherzog ass de Sonndeg a China vum chinesesche President offiziell emfaange ginn. De Premierminister hat nach um Freideg gesot, de Grand-Duc wier a senger Funktioun als Member vum IOC zu Peking an net a Funktioun vu sengem Titel als Staatsoberhaupt. Dës feinspëtzeg Differenzéierung schéngt an der internationaler Press awer net esou verstane ginn ze sinn. Verschidde Plattformen ënnersträichen dem Groussherzog seng Funktioun als Staatsoberhaupt vu Lëtzebuerg. Op enger Foto, déi an engem Artikel vum „Tageblatt“ vun der Plattform Xinhua genotzt gouf, erkennt een de Grand-Duc zesumme mam chinesesche President virun de lëtzebuergesche Fändelen. Weider heescht et, dass de Grand-Duc mat sengem chinesesche Pendant iwwer Inhalter diskutéiert soll hunn, déi „durchaus politische Züge“ gehat sollen hunn an deemno iwwert de Kader vu senger Funktioun als IOC-Member erausgaange sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Premierminister a dem Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa dës Froe stellen:

1. Wëssend, dass de Groussherzog a privater Missioun als Member vum IOC a China gereest ass, wien huet autorizéiert, dass beim Empfang tëschent dem Groussherzog an dem chinesesche President lëtzebuergesch Fändele géife benotzt ginn?

2. Ass de Premierminister iwwert den Empfangsprotokoll a China informéiert ginn?

3. Wéi bewäert de Premierminister d'Situatioun, dass de Grand-Duc mam chinesesche President iwwer Inhalter diskutéiert huet, déi iwwert de Kader vu senger Missioun als IOC-Member erausgaange sinn an, wéi d'„Tageblatt“ schreift, „durchaus politische Züge“ haten?

4. Am haitege Mëttesjournal op RTL huet den Ausseminister kloergestallt, dass hien, am Virfeld vun der Entrevue tëschent dem Grand-Duc an dem chinesesche President, mat him iwwer aussepolitesch Inhalter geschwat huet, déi de Grand-Duc während dem Gespréich sollt evoquéieren.

Inwiefern sinn dës Gespréichstheemen am Kader vun enger IOC-Missioun vu Relevanz? Wëssend, dass de Groussherzog Lëtzebuerg net offiziell zu Peking vertritt, wat war Sënn an Zweck vun dëser Entrevue?

**Réponse commune** (24.02.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre*, *Ministre d'État*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

Den Zeremoniell beim Empfang vun auslännesche Gäscht ënnerläit dem diplomatesche Protokoll, dee China an deem Kontext applizéiert.

Et steet dem Groussherzog selbstverständlech zou, sech mat Membere vu senger Regierung iwwer Aktualitéitsthemen ze echangéieren, och am Virfeld vu Reesen an d'Ausland a senger Funktioun als Member vum CIO.

**Question 5699** (07.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant les **contrats zéro heure dans le secteur communal** :

Mengen Informatiounen no gëtt a mindestens enger Maison relais am Land d'Praxis ugewannt, dass Remplaçanten zu sougenannten „Null-Stonne-Kontrakter“ agefallt ginn. Dat Besonnescht bei dese Kontrakter ass, dass d'Mindestbeschäftigungsdauer bei null Stonne läit. Esou muss den Employé just aktiv ginn, falls den Employeur e Besoin artikuléiert. Dat féiert dozou, dass dës Remplaçanten nëmmen op d'Stonn remuneréiert ginn. Falls si also am Krankeschäi sinn oder a Quarantän/Isolatioun mussen, gi si also net bezuelt an de Patron cotiséiert och net weider fir si.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Interieur dës Froe stellen:

1. Wéi vill esou „Null-Stonne-Kontrakter“ gëtt et am kommunale Sektor?

2. Ass d'Ministesche der Meenung, dass de legale Kader hei misst adaptéiert ginn?

3. Fënnt d'Ministesche et sozial gerecht, d'Employéë gläichzäitig ze bannen, hinnen awer keng Garantie fir ee feste Kontrakt an eng sozial Ofsécherung ze ginn?

**Réponse** (23.02.2022) de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur* :

Eng Gemeng kann d'Gestioun vun hirer Maison relais un en externe Prestataire delegéieren oder mat eegenem Personal bedreiwen.

Am éischte Fall gëtt d'Personal vum Prestataire agefallt, an den Inneministère huet keng Kenntnis vun deenen Aarbechtskontrakten. Wann d'Gemeng d'Maison relais selwer bedreift, ginn déi betraffe Salariéë vum Schäfferot agefallt. Déi Decisiounen gi vun der Inneministesch approvéiert.

De Servicer vum Inneministère ass weeder den Term „Null-Stonne-Kontrakter“ bekannt, nach d'Tat-saach, dass Gemengen eegent Personal ënner Konditiounen, wéi den Deputéierte se beschreift, agefallt hätten.

**Question 5701** (07.02.2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR) concernant la **formation des chauffeurs professionnels au Centre de formation pour conducteurs à Sanem** :

Berufsschaufferen, sief dat Camions- oder Buschaufferen, müssen all fënnef Joer véier Deeg Formatioun um Centre de formation pour conducteurs zu Suessem absolvéieren. De Centre de formation pour conducteurs zu Suessem besteet aus Containeren an et gëtt keen Accueilsraum. Dëst bréngt leider mat sech, datt d'Chauffeuren, zum Beispill während de Pausen, sech dobaussen ophalen, an dat och am Fall vu schlechte Wiederverhältnisse, ewéi zum Beispill Schnéi, Keelt an/oder Reen. Doriwwer eraus ass net emol eng Méiglechkeet virgesinn, fir datt d'Chauffeuren an de Pausen zum Beispill eng Taass Kaffi oder eng Fläsch Waasser zur Verfügung gestallt kréien.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister:

1. Wat gedenkt den Här Mobilitéitsminister ze ënnerhuelen, fir de Berufsschaufferen entgéintzekommen, datt dës während hirer Formatioun besser encadréiert ginn an deemno net eventuelle schlechte Wiederverhältnisse ausgesat sinn?

2. Gesäit den Här Minister d'Ënnerbréngung vum Centre de formation pour conducteurs zu Suessem a Containeren als provisoresch un? Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader kann domat gerechent ginn, datt sech heifir aner Gebaileckeete fannen, déi d'Berufsschauffere besser encadréieren?

3. Firwat gëtt déi genannte Formatioun fir d'Berufsschaufferen net einfach zu Colmer-Bierg ofgehale, vu datt dese Site méi zentral läit a jo och déi néideg Ausrüstung an dat néidegt Personal huet, fir dës Formatioun unzebidden?

**Réponse** (24.02.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

An dësem Zesummenhang ass ze soen, datt dës Formatioun, déi vum Centre de formation pour conducteurs SA (CFC) ugebuede gëtt, net och nach zousätzlech zu den Autos- a Motocourse zu Colmer organiséiert konnt ginn, well fir esou vill Kandidaten keng Plaz gewiescht ass. Ausserdeem waren d'Pisten, déi zu Colmer sinn, net fir Camions- oder Busformatiounen ausgeluecht, an et sollt aus Sécherheetsgrënn verhënnert ginn, datt Camionen a Busser sech zur selwechter Zäit op enger Pist befanne zesumme mat Motoen oder Autoen. Hei ass awer an der Tëschenzäit eng nei Pist fir dës Formatiounen gebaut ginn, déi 2020 konnt a Betrib geholl ginn, soudatt aktuell bei der Formation continue een Dag zu Colmer gemaach gëtt, an déi aner véier Deeg um Site zu Suessem, wou speziell Piste fir dës Formatioun gebaut goufen.

Wat elo d'Schulungsraum betrëfft, sou gëtt d'Formatioun zu Suessem am Moment effektiv nach ëmmer a Containeren (hei sëtzt och nach d'Administration vum CFC) organiséiert, déi 2013 vum vileschte Exploitant vum Site mat iwwerholl gi sinn. 2021 goufen dunn am Kader vun der Pandemie nach zwee zousätzlech Containeren vu jee 120 m<sup>2</sup> opgericht, déi de modernste Standarden entsprechen, wat Confort, Isolatioun an och Equipement entsprechen (taktil LED-Ecranen, WiFi). Doriwwer eraus steet de Kandidaten e Raum zur Verfügung mat Kaffis- a Gedrénsautomaten, engem Waasserspender an engem Snackautomat. Schlussendlech gëtt et virun de Containeren e Reenënnerstand, wou d'Kandidaten sech bei schlechtem Wieder kënnen ënnerstellen, an eng Rei vun de Formatiounen (z. B. den Arrimage) ginn an enger Hal gemaach, wou d'Kandidaten virun der Witterung geschützt sinn.

Et ass awer geplangt, fir an noer Zukunft dës Containeren opzeginn. Dofir huet den CFC mam Bau vun engem modernen administrative Gebai mat adequate Schulsraum an engem Restaurant ugefaangen, wat am Laf vun 2023 fäerdeg soll ginn.

**Question 5704** (08.02.2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR) concernant les **vaccins contre la Covid-19** :

No de Coronaimpfstoff vum BioNTech/Pfizer, Astrazeneca, Moderna an Johnson & Johnson ass säit Dezember 2021 ee weideren Impfstoff an Europa zougelooos: Novavax. Well sech vill Mënschen net gär mat engem mRNA-Impfstoff, wéi deem vu Moderna, impfe loosse wëllen, verbanne verschidde Gesondheetsexperten a Politiker an Europa mat deem neien Impfstoff d'Hoffnung, datt sech dës Leit elo awer nach vläicht wëllen impfe loosse. Aner Experten argumentéieren, Novavax wäert kee groussen Afloss op d'Impfbereitschaft hunn, esoulaang d'Mënschen net selwer entscheede kënnen, mat wat fir engem Impfstoff si geimpft ginn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsminister:

1. Geet d'Madamm Ministesch dervun aus, datt deem neien Impfstoff fir verschidden „Impfskeptiker“ eng Aart Alternativ zu de bisheeregen Impfstoffen duerstelle wäert a si sech dofir mat Novavax impfe loosse wäerten?

2. Wéi gesäit am Moment d'Reserv un „alen“ Impfstoffen aus? Wéi vill Impfdose si bestallt?

3. Wéi gesäit et mat de Verfallsdatumen vun den Impfdosen aus, déi Lëtzebuerg am Ablack nach huet? Wat geschitt mat deenen iwwerschëssegen Impfdosen?

4. Ass dru geduecht, fir de Leit an Zukunft d'Méiglechkeet ze ginn, den Impfstoff selwer ze wien, bzw. hinnen de Choix ze ginn tëscht engem „alen“ an deem neien Impfstoff?

**Réponse** (03.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Verschidde Leit refuséieren effektiv, sech mat engem mRNA-Impfstoff impfen ze loosse an waarden dorop, datt den Impfstoff vun Novavax disponibel gëtt, well si mengen, datt si et do mat engem sougenannten „Totimpfstoff“ ze dinn hunn.

Wéi schonn an der Äntwert op déi urgent parlamentaresch Fro Nr. 5417 erkläert, ass déi Notioun vun „Totimpfstoff“, déi allgemeng bei ville Leit gëllt, awer net ganz korrekt.

Et gi generell zwou grouss Kategorien un Impfstoffer: déi lieweg ofgeschwächten Impfstoffer („vaccins vivants atténués“) an déi inaktivéiert Impfstoffer, déi oft och als „Totimpfstoff“ bezeechent ginn.

E liewegen ofgeschwächten Impfstoff enthält eng lieweg Versioun, mee staark ofgeschwächte Versioun vum Virus oder eng ganz änlech Versioun. Dëst ass z. B. de Fall vun dem ROR-Impfstoff (rougeole-oreillons-rubéole), dem Impfstoff géint Waasserpouken an dem Impfstoff géint Zona. Dës Impfstoffer eegenen sech net fir Leit mat engem ofgeschwächten Immunsystem.





Déi inaktivéiert Impfstoffer beinhalten iwwerdeems entweder:

- en Undeel un infektiésem Agent: dëst ass de Fall vun den Impfstoffer géint Hepatite B, Tetanos an dem Impfstoff vun Nuvaxovid vun Novavax;

- entweder den ganzen infektiéisen Agent, deem inaktivéiert ginn ass: dëst ass de Fall vum Impfstoff géint de bloen Houscht oder den Impfstoff VLA2001 vu Valneva;

- e ganz kléngen Undeel vum Virus ënnert der Form vu Protein oder Nukleinsäier: dëst ass de Fall vun dem Impfstoffer vu BioNTech/Pfizer, Moderna, Vaxzevria a Janssen. Dës Impfstoffer géint de Covid-19 enthalen also kee Virus, dee sech reproduzéiere kéint an kënnen soumat alleguerten als „Totimpfstoffer“ consideréiert ginn.

Eng Partie Leit rassuréiert et effektiv, mat engem „inaktivéierten Impfstoff“ geimpft ze ginn, dee just en Undeel un infektiésem Agent beinhaltet. Deemno bleift ze hoffen, datt dës Leit, déi sech bis elo nach net impfen gelooss hunn, effektiv elo op d'Impfung zeréckgräife wäerten.

ad 2. (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 3. D'Verfallsdatum vum den aktuelle Reserve gesi folgendermoossen aus:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Am Fall vun iwwerschëssegem Impfdosen, ass et méiglech, dës un Drëttstaaten ze spenden. Wa kee Land interesséiert ass, mussen d'Impfdosen zerstiért ginn.

ad 4. Aktuell, kënnen déi Leit, déi fir eng Primo-vaccination an en Impfzenter kommen, effektiv wien, ob si mat engem mRNA-Impfstoff wëlle geimpft ginn oder mam Nuvaxovid vun Novavax. Dëst ass allerdéngs just méiglech fir Leit, déi bis elo nach net geimpft sinn. Et ass nëmme méiglech den Nuvaxovid als Boosterimpfung ze kréien oder als zweet Dosis, wann ee schwéier Niewewirkungen op eng éischt Impfung mat engem aneren Impfstoff hat. Den Nuvaxovid ass aktuell och just an den Impfzentren disponibel.

**Question 5706** (08.02.2022) de **M. Claude Wiseler** (CSV) concernant les **certificats de vaccination en provenance de l'Inde** :

Les certificats de vaccination en provenance de l'Inde sont reconnus par règlement grand-ducal.

Cependant seul les vaccins Covishield sont acceptés. Or, beaucoup de personnes ont un schéma vaccinal complet avec le vaccin Covaxin que les autorités luxembourgeoises ne reconnaissent pas. Ces personnes sont considérées au Luxembourg comme non vaccinées et sont, par conséquent, partiellement exclues de la vie sociale.

C'est dans ce contexte que j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

- Est-ce que le vaccin Covaxin est en cours de reconnaissance et ces personnes peuvent-elles espérer être reconnues comme vaccinées dans un avenir rapproché ?

- Ces personnes se voient parfois suggérées de refaire une vaccination complète avec un vaccin reconnu au Luxembourg. Est-ce un conseil que les autorités luxembourgeoises donnent ? Une telle double vaccination pour des raisons administratives ne peut-elle avoir des risques pour la santé des personnes concernées ?

- Quelles sont les suggestions du Ministère de la Santé aux personnes concernées ?

**Réponse** (15.02.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

Le vaccin Covaxin est un vaccin anti-Covid sur base d'un virus inactivé, produit par la firme Bharat Biotech en Inde. En dehors de l'Inde, le vaccin possède une autorisation conditionnelle de mise sur le marché dans un certain nombre de pays comme l'Iran, le Zimbabwe, le Népal, le Mexique, les Philippines, le Guatemala, le Nicaragua, la Guyane, le Venezuela et le Botswana. Le Brésil a suspendu son autorisation de mise sur le marché en évoquant entre autres des données de sécurité insuffisantes. Le 3 novembre 2021, l'Organisation mondiale de la santé (OMS) l'a cependant inclus sur sa liste d'urgence de vaccins anti-Covid. Le nombre d'études cliniques sur l'efficacité et la sécurité du vaccin reste limité.

L'Agence européenne des médicaments (EMA) ne reconnaît pas ce vaccin et aucune demande d'autorisation de mise sur le marché européen n'a été introduite à ce jour.

La reconnaissance des certificats de vaccination avec Covaxin a été discutée au niveau européen, et

notamment en date du 8 décembre 2021 au Health Security Committee. À ce moment, dix pays de l'Union européenne qui avaient répondu à un questionnaire sur la reconnaissance des vaccins non EMA acceptaient des certificats de vaccination sur base du vaccin Covaxin, 16 pays ne les acceptaient pas.

Tout comme une majorité de pays européens, le Luxembourg accepte actuellement que des certificats de vaccination avec des vaccins approuvés par l'EMA et avec certains bio équivalents (c.-à-d. des vaccins qui sont identiques au vaccin Vaxzevria d'AstraZeneca et qui sont produits sous licence de cette firme par des producteurs dans des pays tiers).

Le Luxembourg favorise pour la reconnaissance des certificats de vaccination une approche harmonisée au niveau de l'Union européenne et ne souhaite pas prendre de décisions unilatérales.

En pratique, le Luxembourg recommande comme d'autres pays (p. ex. l'Allemagne sur avis de la STIKO) de refaire une vaccination complète avec un vaccin approuvé par l'EMA pour les personnes qui séjournent pendant un temps prolongé sur le territoire national. Ceci ne génère pas de risque de santé pour les personnes concernées.

Alternativement, pour les courts séjours, les tests PCR ou TAR certifiés donnent accès aux établissements et événements sous régime CovidCheck.

**Question 5708** (08.02.2022) de **M. André Bauler** (DP) concernant la **Commission des sites et monuments nationaux** :

Et schéngt en oppent Geheimnis ze sinn, datt am Beräich Denkmalschutz de Moment e puer Honnert Dossieren am Kulturministère leien, déi positiv aviséiert goufen, awer wou nach ëmmer keng Entscheedung geholl gi wier, fir déi respektiv Objeten ze klasséieren.

An deem Kader wollt ech der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:

1. Stëmmt et, datt den Ament eng grouss Zuel un Dossieren am Ministère leien, wou déi national Kommissioun vun de Sites et monuments (COSIMO) e positiven Avis ginn huet, mee wou awer nach guer keng ministeriell Entscheedung geholl ginn ass?

2. Ass et wouer, datt d'Sekretariat vun der COSIMO am Moment personell ënnerbesat ass, an dofir einfach net mat den Aarbechten nokënn? Wéi vill Leit schaffen zurzäit am Sekretariat?

3. Wéi vill Leit wäerten an Zukunft am Service vum Inventar agestallt ginn? Ass et méiglech, fir gutt ausgebild Experten ze fannen?

**Réponse** (24.02.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture* :

D'Zuel vun den Dossieren, déi vun der Denkmalschutzkommissioun (COSIMO) aviséiert goufen an déi nach fir eng Proposition de classement opstinn, beleeft sech op 119, an net op „e puer Honnert“. 95 vun dësen Dossiere betreffen d'Gemeng Helperknapp. De wëssenschaftlechen Inventaire ass an dëser Gemeng ofgeschloss an déi lescht Dossiere sinn Enn Abrëll 2021 vun der Kommissioun aviséiert ginn.

Effektiv gouf ugestriift, déi 95 Dossiere vum Helperknapp mateneen ënner dem Denkmalschutzgesetz vun 1983 ze evaküieren. Vu datt mer awer am Hierscht 2021 dovunner ausgaange sinn, datt datt neit Denkmalschutzgesetz kéint am Mäerz 2022 a Kraaft trieden, gouf keng Klassementsprozedure fir den Helperknapp méi ugefaangen, virun allem, well tëscht dem Ufank an dem Enn vun der 1983er Prozedur d'Propriétaire minimal sechs Méint Zäit hunn, fir op en „arrêté proposant le classement“ ze reagéieren. Eréischt nom Ofrafe vun dësem Delai kann de Kulturminister Dossieren an de Regierungsrot ginn, fir de Klassement konfirméieren ze loossen. D'Chamber huet dës Prozedur awer den 10. Februar mam Vott vum neien Denkmalschutzgesetz ofgeschafft.

An enger Rei vun den Dossiere vum Helperknapp hat de Service des sites et monuments nationaux (SSMN) am September 2021 nach net all d'Informatiounen beieneen, fir all d'Propriétaire vun de betraffenen Haiser mateneen uerdentlech ze saiséieren. Datt ass net op e Personalmangel zrëckzeféieren, mee huet mat enger ganz normaler Recherche ze dinn, déi eeben net konnt a véier Méint (vu Mee bis Enn August) fir 95 Dossieren ofgeschloss ginn. Och aner Verwaltungen, déi hir Zäit brauchen, fir dem SSMN ze äntweren, sinn do matagebonnen.

An den nächste Woche wäerten déi 95 Dossiere vum Helperknapp vum zukünftigen Institut national pour le patrimoine architectural (INPA) fäerdeg opgeschafft ginn, soudatt, ënner der Regie vum neie Gesetz, den nationale Schutz wäert no enger ëffentlecher Enquête kënnen iwwert e groussherzoglecht Reglement a Kraaft trieden.

De Service vum Inventaire vum zukünftigen INPA gëtt et zanter 2016. Am Moment huet en 9 Leit. 2022 kommen der nach op d'mannst 5 dobäi.

**Question 5716** (09.02.2022) de **Mme Octavie Modert** (CSV) concernant la **promotion de la littérature dans l'enseignement secondaire** :

An de Sproochefächer am „enseignement secondaire“ genéisst d'Literatur en héije Stellerwäert. Mat vill Engagement féieren d'Enseignanten d'Schüler un d'Wierker vun de wichtegste Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller aus de jeeweilegen Epoche vun der Literatur erun.

Am Kontext vun der Literaturvermittlung am postprimären Unterrecht wéilt ech folgend Froen un den Här Educationminister a subsidiaresch un d'Madamm Minister fir Chancéglichheet stellen:

- A wéi engem Mooss gëtt bei der Opstellung vum Léierplang an de Fächer Wäert op e Gläichgewicht tëscht Wierker vu weiblechen a männlechen Auteurs geluecht? Wéi ass aktuell d'Verhältnis tëschent literareschen Texter vu Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller?

- Wéi vill Wierker vu Schrëftstellerin stinn an de Sproochefächer um Programm, opgeschlëselt nom offizielle Programm an no Optioun?

- Wéi héich ass den Undeel vun Texter a vu Wierker vu Lëtzeburger Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller am „enseignement secondaire“, opgedeelt no Klass, Sektoun an/oder Optioun?

- Kann den Här Minister eng Lëscht mat de Wierker vun de Lëtzeburger Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller virleëen, déi am postprimären Unterrecht behandelt ginn, opgedeelt no Klass, Sektoun an/oder Optioun?

- Dem Koalitionsofkommes no soll déi lëtzeburger Sprooch a Kultur am Lycée méi eng grouss Roll spillen (« Chaque élève des classes supérieures aura la possibilité de suivre des cours facultatifs en matière d'expression écrite du luxembourgeois et d'histoire culturelle du pays. »). De Programm gouf op bestëmmte Klasse méttlerweil ugepasst oder en entsprechend Optionsfach agefouert. Gouf eng Auswärtung dovun duerchgefouert? Wa jo, no wéi enge Krittären a wat sinn d'Réckschlëss vun Här Minister?

**Réponse commune** (21.03.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*, et de **Mme Taina Bofferdin**, *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes* :

Eng vun de Prioritéiten vun der Regierung ass et, d'Gläichstellung tëschent de Geschlechter ze fërdere, géint Stereotypen a Rollebiller virzeogen, an eng sozial Gerechtegkeet ze ënnerstëtzen, an där jiddereen déi selwecht Chancen huet, seng Fäegkeeten auszudrécken a seng Talenter an deene Beräicher anzusetzen, déi him Spaass maachen.

D'Regierung setzt sech dofir an, fir Jonker, hiert Léierpersonal an hir Eltere fir d'Theema vun der Gläichstellung ze interesséieren an ze sensibiliséieren. Dëst geschitt duerch Formatiounen, Workshops, Informationsmaterial an Evenementer, bei deenen déi Jonk aktiv matabezu ginn. D'Léierpersonal gëtt encouragéiert, d'Gläichstellung mat deene Jonken ze thematiséieren, an op stereotyp Duerstellungen am Unterrecht ze verzichten.

Bei de Sensibilisierungscampagnë behale mir och de Bléck op de Kultursektor. Esou stoung zum Beispill d'Weltfraendag 2021 ënner dem Motto „Geschicht(e) vu Gläichstellung“ ganz am Zeeche vun de Fraen an der Lëtzeburger Literatur.

De Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer (MEGA) huet 2019 bei der Uni Lëtzebuerg eng Etüd an Optrag ginn, an där Geschlechterstereotypen vu 57 Schoulbicher aus dem Enseignement fondamental ausgewäert goufen. Dobäi goufen och d'Liestexten aus zwee lëtzeburgereschen an aacht däitsche Literaturbicher analyséiert. An den Däitschbicher stame 67 % vun den Texter vu Schrëftsteller, 29 % vu Schrëftstellerinnen, a 4 % aus onbekannter Quell. An de Lëtzeburgereschbicher fanne mer 84 % Schrëftsteller par rapport zu 13 % Schrëftstellerinnen an 3 % Texter aus net genannte Quellen. Dës Donnéeë bezéie sech op den Enseignement fondamental, eng vergläichbar Etüd fir de Sproochenunterrecht am Enseignement secondaire ass mat der Ënnerstëtzung vum MEGA aktuell net virgesinn.

Déi iwwergeuerdent Zilsetzung vum Enseignement secondaire, déi zu Lëtzebuerg vun der Bildungspolitik virgi ginn, ginn traditionell vu Programmkommissiounen („Commissions nationales de l'enseignement secondaire“) op d'Léierpläng erofgebrach. Dës Kommissiounen sinn zesummegezat aus Enseignanten an Enseignanteën aus de Lycéeën an hunn eng héich Autonomie, wat d'Émsetzung vun de Bildungsvirgaben ugeet. D'Pro-

grammer sinn ëffentlech zougänglech iwwert de Site [education.lu](http://education.lu) (ënnert: Horaires et programmes).

Dobäi gëtt an de Sproochefächer e grouss Wäert op d'Vermittlung vu Literatur geluecht, d'Programmkommissiounen ginn awer - ausser am Ofschlossjoer - just Recommandatiounen vir, wéi eng Bicher kënnen gelies ginn. Et bleift am Ermiesse vum Enseignant oder der Enseignante, op wéi ee Buch konkret zeréckgegraff gëtt; dobäi gëtt selbstverständlech de Kontext berücksichtegt, an deem geschafft gëtt, also z. B. wat grad an der Welt geschitt, wat bei d'Theeme passt, déi an anere Fächer grad behandelt ginn, wéi de sproochlechen Niveau vun der Klass. Et ass dowéinst net méiglech, e Verhältnis tëschent literareschen Texter vu Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller ze ermëttelen, well de konkrete Léierplang vun Enseignant zu Enseignant en aneren ass.

An den Ofschlossjore läit d'Verhältnis tëscht Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller ongeféier bei 80/20.

Kloer ass awer: D'Schüler an d'Schülerinne solle mat qualitativ héichwäerteger Literatur konfrontéiert ginn. Literatur ass Konscht a sollt och als Konscht behandelt ginn. Dobäi ass d'Qualitéit vum Text grondsätzlech net op d'Geschlecht vu sengem Auteur zeréckzeféieren, mee op seng Wirkung resp. d'Wierksamkeet vum Erleefnes vun der Lektür.

Den Undeel vun Texter a Wierker vu Lëtzeburger Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller läit am Fach Lëtzeburgeresch bei 100 Prozent. An den anere Sproochefächer ass dësen Undeel awer schwéier ermëttelebar, well ganz ënnerschiddlech Texter gelies ginn.

De Programm fir d'Fach Lëtzeburgeresch gouf fir d'Schouljoer 2021/2022 net just ugepasst, mee ganz nei konzipéiert. Literatur op Lëtzeburgeresch gëtt op 4<sup>e</sup> enseignéiert, net als eegent Fach, mee als Deel vum Fach Lëtzeburgeresch. De Programm ass an Theemeberäicher ënnerdeelt. Literatur op Lëtzeburgeresch gëtt am Kader vum Theemeberäich „D'Kultur an d'Liewen zu Lëtzebuerg“ enseignéiert. De Programm schreift keng eenzel literaresch Texter als Lektür vir, de SCRIPT stellt awer e Reader zur Verfügung, bei deem senger Konzeption d'Geschlechterverhältnis nieft der thematischer Relevanz par rapport zum Programm an dem literareschen Usproch e Krittär war. Dat selwecht gëllt fir d'Propose fir d'Lektür vu sougenannte Ganzschreften (Romaner), déi fakultativ am Unterrecht op der 4<sup>e</sup> kënnen gelies ginn. Dobäi goufen op 4<sup>e</sup> classique an op 4<sup>e</sup> générale jeeweils zwou Ganzschreften vum Auteurinnen an zwou Ganzschreften vum Auteurs proposéiert. D'Léierpersonal wielt awer och an dësem Fach jee no de Besoinen an den Interessien vun der Klass passend Lektüren aus.

De SCRIPT wäert doriwwer eraus am nächste Schouljoer eng Editioun vu literaresche Wierker op Lëtzeburgeresch lancéieren, déi fir den Unterrecht an de Schoule ka genotzt ginn. An engem éischte Volet wäerten zwee Wierker vun Auteurinnen an ee Wierk vun engem Auteur publizéiert ginn.

**Question 5738** (10.02.2022) de **M. Max Hengel** (CSV) concernant les **statistiques sur le tourisme** :

Um Site vun der Welt-Tourismus-Organisation<sup>15</sup>, der UNWTO, fënnt een eng sëllege Statistiken iwwert den Tourismussektor vun de verschiddene Länner, dorënner och eng, déi engem verréit, dass 2015 vun insgesamt 1.090.000 Reesen op Lëtzebuerg der 246.000 ënner d'Geschäftsreise falen, währenddem déi aner 844.000 Reese virun allem privat a perséinlech Grënn haten. Wëllt een dës Andeelung a geschäftlech a privat Reese fir déi Joren no 2015 gewuer ginn, fënnt een dës leider net um Internet oder um Site vum Statec.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Fro un den Här Minister fir Tourismus stellen:

- Gëtt et déi selwecht Zuele fir d'Joren 2016 bis 2022, déi d'Reesen op Lëtzebuerg a geschäftlech a privat Reesen andeelen?

**Réponse** (24.02.2022) de **M. Lex Delles**, *Ministre du Tourisme* :

D'„World Tourism Organization“ (UNWTO) lëscht ënnerschiddlech Statistiken zum Tourismussektor op, dorënner ënner anerem d'Unzuel vu Reesender op Lëtzebuerg mat enger Opdeelung tëschent Fräizäit- a Geschäftsreesen. Bei den zitéierten Zuele vum Joer 2015 handelt et sech ëm eng Estimatioun vum „but du séjour“ vu Persounen, déi op Lëtzebuerg gereest sinn. Dës Estimatioun huet den Nationalen Institut fir Statistiken a Wirtschaftsstudien (Statec) op Basis vun de Fiches d'hébergement erstellt.

De Statec huet allerdéngs decidéiert, dës Auswärtungen net méi ze publizéieren, well d'Datequalitéit

<sup>15</sup> <https://www.e-unwto.org/doi/abs/10.5555/unwto/t0442010020152019202012>





net ausräichend ass. Dëst läit dodrun, datt déi entspriechend Rubrik op de Fiches d'hébergement am Moment keng fiabel Source ass. D'Generaldirektioun fir Tourismus schafft aktuell un enger neier Ausaarbechtung vun de Fiches d'hébergement, fir zukünfteg eng besser Datequalitéit ze garantéieren.

Et sief bemierkt, datt déi national Promotiounsagence fir Tourismus, „Luxembourg for Tourism“, zënter 2012 d'Donneën aus dem „World Travel Monitor“, der gréisster internationaler Enquête zum Reesverhale vun Auslandsreesenden, notzt. E Verglach fir 2015 weist bei der „World Tourism Organization“ an dem „World Travel Monitor“ relativ ämlech Proportionne beim „but du séjour“ un, nämlech eng Dominanz vu Vakanzen- a Fräizäitreese par rapport zu de Geschäftsreesen. Allerdéngs ass de Gesamtvolumen am „World Travel Monitor“ méi héich ewéi bei der „World Tourism Organization“. Dat erkläert sech doduerch, datt hei niefte Sejouren am bezuelten Hebergement och d'Openthalter an den onentgeltleche Strukturen erfaasst ginn. Et entsteet deemno méi e komplett Bild vun de Reesen aus dem Ausland op Lëtzebuerg.

D'Oplëschtung vun den Donnéeën vum „World Travel Monitor“ fir d'Reesen op Lëtzebuerg tëschent 2015 an 2020 weist eng konstant Steigerung vun der Unzuel vu Reesen an eng duerchgoend Dominanz vun de Vakanzen- a Fräizäitreesen par rapport zu de Geschäftsreesen. Den Abroch vun der Gesamtzuel u Reesen am Joer 2020 léisst sech duerch d'Reessrestriktiounen am Kontext vun der Covid-19-Pandemie erklären.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

**Question 5743** (11.02.2022) de **M. Fred Keup** (ADR) concernant les **tours de la Brasserie de Diekirch** :

A senger parlamentarescher Fro Nr. 5563 vum 24. Januar 2022 huet den honorablen Här Deputéierten André Bauler d'Madamm Minister gefrot, aus wéi enge konkreete Grënn decidéiert gouf, den Tuerm vun der aler Dikrecher Brauerei ofzerappen. D'Madamm Minister hat dorop geäntwert:

„Nodeems d'Vertreider vum aktuelle Propriétaire Etuden zum Zoustand vum Terrain an och vum Bau selwer presentéiert haten, gouf vum Service des sites et monuments nationaux eng Géigenetude an Optrag ginn, fir d'Pollutioun vum Baugrond ze analyséieren. Esou sollt en neutrale Büro eng kritesch Duerchlichtung vun de Miesswäerter an der Verknaschtung opstellen. Dëst Dokument vun engem onofhängegen Expert huet d'Etude, déi vum Propriétaire virgestallt gouf, konfirméiert an doriwwer eraus den Zoustand vum Terrain, op deem d'Gebaiier stinn, nach méi dramatesch erëmgeholl. Et huet sech deemno erausgestallt, datt d'Pollutioun um Terrain, wou dat méi jonkt Gebai an deemno och den Tuerm vu 1930 steet, extreem héich ass. Eng groussflächeg an déif Depollutioun ass onëmgänglech. Déi opwänneg Sanéierungen an déi komplex Agräffer an de Buedem maachen en Erhalt vun de Gebaiier praktesch onméiglech.“

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

1. Kann d'Madamm Minister preziséieren, wat fir Schuedstoffer an esou enger grousser Quantitéit am Buedem fonnt goufen, datt si den Erhalt vum Tuerm onméiglech maachen?
2. Am Fall vun den Industriebräachen zu Esch-Belval gouf no 1997 de Buedem a jorelaanger Aarbecht sanéiert, ouni déi fréier industriell Baustruktur ze zerstéieren. Firwat ass dat beim alen Tuerm, deem op kengem Industriestanduert steet, net méiglech?
3. Kann d'Madamm Minister preziséieren, wat mat der Ausstattung vun der aler Brauerei (Brauessel asw.) geschitt?
4. Ass eng Etüd gemaach ginn, fir ofzeschätzen, ob een trotz der Pollutioun de Buedem esou versiegle kéint, datt eng Gefor fir Mënsch an Ëmwelt ausgeschloss ass?
5. Firwat ass et net méiglech, deem alen Tuerm ofzerappen an op enger anerer Plaz erëm opzebauen?

**Réponse** (02.03.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture* :

ad 1. An der Bewäertung vum Bureau, deem d'Géigenetüd fir de Service des sites et monuments nationaux (SSMN) gemaach huet, gouf drop higewisen, datt et hisiichtlech Buedembelaaschtung keng zwéngend Noutwendegkeet gëtt, déi en Ofroppe vun de betreffende Gebaiier erfuerdert. D'Buedembelaaschtunge leien haaptsächlech ëm d'Gebaiier ronderëm.

Den Ausschlag, déi national Protektioun opzehiewen, huet awer eng aner Verknaschtung am Ënnergrond ginn. Effektiv ass, am Géigesaz zum Buedem, d'Si-

tuatioun am Grondwaasser extreem schlëmm. Esou goufen an engem Betriebspëtz, dee sech an de Gebaiier befënnt, extreem héich Belaaschtungen mat Phenol an Ammonium nogewisen. Déi entspriechend Sanéierungswäerter sinn 900-fach (Phenol) an esouguer 3.500-fach (Ammonium) iwwerschrafft ginn.

Nach guer net gewosst ass, wéi wäit déi Pollutioun schonn am Ënnergrond, baussent de Gebaiier gestreet huet. D'Fléissrichtung vum Grondwaasser geet iwwer de Site no Südosten an Direktioun vun der Sauer.

Et bleift nach ze ernimmen, datt den SSMN esouwuel de Propriétaire vum Site wéi och d'Administration de la gestion de l'eau vun der Géigenetüd an hiren Erkenntnisser a Kopie gesat huet.

ad 2. Wéi schonns gesot handelt et sech net primär ëm Buedembelaaschtungen am eigentleche Sënn vum Wuert, mee ëm Grondwaasserbelaaschtungen. Bei Buedembelaaschtungen si jo Versigelingen méiglech. Op dësem Site gëtt et elo awer déi dramatesch Grondwaasserwäerter, bei deenen d'Versiegelung keng Léisung duerstellt.

ad 3. Et goufe schonns Ufroen zu verschiddenen industriellen Apparaturen. Esou huet de Luxembourg Science Center sech zum Beispill fir en historesche Motor interesséiert. Den SSMN huet do e Kontakt zum Propriétaire vum Site hiergestallt. Deen huet och informéiert, datt hien op der Sich no Iddien ass, fir remarkabel Stécker vum Ekipement vun der Brauerei op der Plaz selwer oder anerwärts ze integréieren. De Propriétaire huet Kontakt mat verschiddene Muséeën opgeholl.

ad 4. Wéi schonns gesot, ass eng Versiegelung hei keng Léisung.

ad 5. Op enger vun de Visitten um Site gouf de Vertreider vum Propriétaire vum SSMN drop ugeschwat, wéi dat urbanistescht Signal vum Tuerm am Kader vum Neibau erëm opliewe kéint. Och déi modern Ausdröckswies vum Gebai vum 1930, déi jo net obsolet ass, gouf ënnerstrach. De Propriétaire huet informéiert, datt am Moment no engem Architekt fir de Site gesicht gëtt. Wann den Auteur vun der zukünfteger Architektur bis definéiert ass, misst et zu Reunione kommen, an deenen déi Intentioun ugeschwat wäert ginn.

**Question 5750** (11.02.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **policiers à vélo** :

A villen däitsche Stied gëtt et sougenannt „Fahrradpolizisten“. Dobäi handelt et sech ëm Polizisten, déi hir Patroulle mam Vëlo maachen. Dës „Fahrradstaffelen“ eegne sech fir preventiv Aarbecht um Terrain a fërderen den Dialog mam Bierger.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1. Gëtt et eng „Fahrradstaffel“ mat „Fahrradpolizisten“ zu Lëtzebuerg?

Wa jo, wéi vill Polizisten ëmfaasst dës a wou kënnst se zum Asaz?

Wann nee, wéisou net?

2. Ass de Minister der Meenung, dass esou eng Unitéit d'Sécherheetsgefill vun de Bierger erhéije géint?

**Réponse** (23.02.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1. De „Concept de proximité“ vun der Police gesäit vir, dass op regionalem Niveau déi néideg Mesuren ergraff kënnen ginn, fir der jeeeweileger lokaler Situatioun entspriechend optimal opgestallt ze sinn an eng adaptéiert Policepresenz um Terrain ze garantéieren. Hei sinn all Moyenen an Hëllefsmëttel opgezielt, déi der Police zur Verfügung stinn (Standposten, Patroullen zu Fouss oder och mam Vëlo), a wéi se mussen agesat ginn.

Esou verfüügt d'Police dann och schonn zanter ronn 20 Joer iwwert Vëloen. Stand haut sinn dat ongeféier 50 Vëloen a 70 „équipements cyclistes“, déi iwwert déi véier Policeregionen op den entspriechende lokalen Unitéite verdeelt sinn an déi haaptsächlech am urbane Beräich agesat ginn.

Bedéngt duerch de generelle Personalmanktem an der Police kënnst dës Moyen zurzäit leider net oft an den Asaz.

ad 2. Et ass erwisen, dass all Form vu Policepresenz d'Sécherheetsgefill vun de Bierger erhéicht, ëmsou méi, wann d'Poliziste méi accessibel fir de Bierger sinn, sief et, well se zu Fouss oder mam Vëlo patroulléieren. Deen ënner ad 1. erwäunte „concept de proximité“ ziilt genee dorop hin, d'Sécherheetsgefill vun de Bierger ze erhéijen.

**Question 5764** (15.02.2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV) concernant le **suivi « renard »** :

Par voie de communiqué, l'Administration de la nature et des forêts (ANF) avait annoncé la création

d'un groupe de suivi « renard ». Cette information fut diffusée le 1<sup>er</sup> février 2016 dans la cadre de la prolongation de l'interdiction de la chasse au renard pour l'année cynégétique 2016-2017 : « Le Département de l'environnement instaurera un groupe de suivi “renard” ad hoc, composé de représentants du Ministère du Développement durable et des Infrastructures, du Département de l'environnement, du Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs et du Ministère de la Santé. [...] »

C'est dans ce contexte que je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

1) Madame la Ministre peut-elle me renseigner sur les travaux effectués par le groupe de suivi « renard » depuis sa création et sur l'évolution de son champ d'activité au fil des années ?

2) Le groupe de suivi « renard » a-t-il établi des rapports annuels afin de documenter ses travaux ?

3) Dans l'affirmative, pour quelle raison ces rapports n'ont-ils pas été rendus publics ?

4) Madame la Ministre entend-elle les rendre publics voire accessibles au cercle des chasseurs au futur ?

5) Dans la négative, pour quelle raison le groupe de suivi « renard » n'est-il pas obligé de présenter un rapport annuel et de quelle façon documente-t-il ses travaux ?

6) Madame la Ministre entend-elle instaurer la rédaction d'un rapport annuel au futur ?

**Réponse** (08.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1) Oui.

- Dates des réunions : 1<sup>er</sup> mars 2016, 12 juillet 2016, 21 mars 2017, 3 mai 2017, 15 mars 2018, 12 mars 2019 et 5 mai 2021.

- Présentation et discussion annuelle des résultats des analyses de renards effectuées par le LMVE.

- Lancement d'appels au public pour la collecte de renards écrasés, afin d'assurer un échantillon suffisamment grand.

- Discussions sur d'autres sujets en relation avec le renard.

- Production d'un dépliant concernant la protection des petits animaux d'élevage tels que lapins et poules contre des prédateurs.

ad 2) Le GSR a établi des rapports de réunion, et non pas des rapports spécifiquement annuels.

ad 3) + 4) L'évolution de la prévalence du ténia du renard, un sujet de santé publique, est publiée régulièrement dans le bulletin technique de l'ANF en matière de gestion de la faune sauvage et de chasse, qui est envoyé à tous les locataires de chasse et mis en ligne sur [www.emwelt.lu](http://www.emwelt.lu).

ad 5) Un tel rapport ne semble guère nécessaire.

ad 6) Non.

**Question 5851** (02.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant les **propos du Ministre des Affaires étrangères et européennes envers le Président de la fédération de Russie** :

An engem Interview, deem hien de Moien um Radio 100,7 ginn huet, huet den Här Bausseminister am Bezuch op de russesche President Wladimir Putin, ënner anerem dës Ausso virgehollt: „Dat wier jo och alles, wat een him kéint wënschen, datt dee géif wierklech och physesch eliminéiert ginn, fir datt dat dote géif ophalen.“

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Gesäit den Här Staatsminister et als ubruecht, datt de Lëtzebuerger Bausseminister ëffentlech zu déidlecher Gewalt géint e gewielten, auslännesche Staatschef oprufft? Falls jo, kann hien dann elaboréieren, wéi dës Positioun begrënnt ass a prezis ausdifferenzéieren, wou hie bei all Eenzelfall d'Grenzen zitt?

Falls net, kann den Här Staatsminister da matdeelen, wéi eng Konsequenzen hien aus der Ausso vum Här Bausseminister wëll zéien?

2. Ass dem Här Bausseminister seng Ausso stroferechtlech relevant, z. B. als Opruff zum Mord oder als Haassried?

3. Kann den Här Staatsminister matdeelen, ob déi Ausso vum Här Bausseminister och d'Positioun vun der Regierung ass an ob si virdrun tëschent den eenzele Regierungsmemberen a Koalitionsparteien ofgeschwat gi war?

4. Wéi en Impakt huet esou eng Ausso op d'Relatiounen tëschent Lëtzebuerg a Russland an engem Kontext, dee souwisou scho ganz komplizéiert ass?

5. Wëll den Här Bausseminister sech fir dës Ausso géintiwier dem Här President Putin entschëllegen?

**Réponse commune** (03.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre*, *Ministre d'État*, de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

D'Regierung verweist an dësem Kontext op de Communiqué vum Aussen- an Europaministère vum 2. Mäerz 2022 („Prise de position du ministre Asselborn relative à l'interview du 2 mars 2022 sur la radio 100,7“), deem si näischt bäizefugen huet.

**Question urgente 6253** (26.05.2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*) concernant la **participation d'athlètes africains à l'édition 2022 du ING Night Marathon** :

Le dossier de presse de l'édition 2022 du ING Night Marathon contient une information à évocation raciste. En effet, il y est mentionné qu'il n'y aura « pas d'engagement d'athlètes africains de haut niveau », afin de laisser « une chance pour les coureurs européens ».

Cette information circule actuellement sur les réseaux sociaux, où de nombreuses associations et organisations de lutte contre le racisme expriment leur consternation et interpellent la banque privée qui organise le marathon à rendre des comptes.

Un représentant de la banque, s'est brièvement expliqué dans un article du journal « L'essentiel » en indiquant que la décision de ne pas engager des athlètes de haut niveau africains est liée à une problématique sanitaire. Les organisateurs du marathon auraient voulu se renseigner auprès du Ministère de la Santé sur les consignes sanitaires en vigueur notamment par rapport aux athlètes en provenance de pays à risque. Le Ministère de la Santé n'ayant pas donné de réponse, l'organisateur aurait alors décidé de ne pas engager et donc de ne pas faire venir des athlètes de hauts niveaux en provenance de pays africains.

Pourtant, je voudrais poser un certain nombre de questions à Madame la Ministre de la Santé afin de clarifier si le non-engagement d'athlètes de haut niveau africains au marathon en question relève éventuellement d'une restriction imposée par les mesures sanitaires en rapport avec la pandémie de la Covid-19.

1) Madame la Ministre peut-elle confirmer que le Ministère de la Santé n'a pas donné de réponse à la requête de l'organisateur du marathon ?

2) Madame la Ministre peut-elle me dire si la législation actuelle en rapport avec les mesures de lutte contre la Covid-19 prévoit effectivement une interdiction pour les personnes en provenance des pays africains d'entrer sur le territoire luxembourgeois dans le cadre de compétitions sportives ?

3) Dans la négative, Madame la Ministre qualifierait-elle la décision prise par l'organisateur du marathon de raciste ?

**Réponse commune** (30.05.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1) La Direction de la santé a reçu un concept sanitaire pour ce marathon courant février 2022. Ce concept est conforme aux règles sanitaires au moment de sa soumission (p. ex. il prévoyait le 2G). Le protocole sanitaire n'adresse pas la question de la participation ou non d'athlètes de pays tiers. Le concept a été approuvé tacitement, conformément à la loi Covid-19 en vigueur à ce moment, et qui autorisait des événements au-delà de 2.000 participants.

À l'heure actuelle, la loi ne prévoit plus de restrictions pour ce type d'événement. La demande ne soulève aucune question concernant la participation éventuelle d'athlètes d'États africains.

ad 2) Les restrictions temporaires des déplacements non essentiels vers l'Union européenne à l'égard des ressortissants de pays tiers qui ne sont pas résidents d'un État membre, ne visent pas en particulier les personnes en provenance de pays africains.

Sur base de l'article 2, point 12, du règlement grand-ducal modifié du 20 juin 2020 relatif à la durée de l'interdiction et la portée des exceptions prévues par l'article 2 de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant introduction de certaines mesures temporaires relatives à l'application de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration, les sportifs concernés auraient pu être autorisés à entrer sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg.

ad 3) Les ministres ne sauraient se prononcer sur le choix d'une entité privée ayant décidé de ne pas inviter des sportifs de haut niveau, indépendamment de leur pays d'origine, à un tel événement.





# CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

## Compte rendu officiel n° 02 | Session ordinaire 2021-2022

|                                                      |       |                                          |        |                       |                          |
|------------------------------------------------------|-------|------------------------------------------|--------|-----------------------|--------------------------|
| Déclaration sur la politique européenne et étrangère | p. 93 | Sommaire des séances publiques n°s 5 à 9 | p. 99  | 5 <sup>e</sup> séance | Lundi 18 octobre 2021    |
| Réduction des risques d'inondations                  | p. 81 |                                          |        | 6 <sup>e</sup> séance | Mardi 19 octobre 2021    |
| Gestion de catastrophes naturelles                   | p. 68 | Sommaire des questions parlementaires    | p. Q15 | 7 <sup>e</sup> séance | Mercredi 20 octobre 2021 |
| Mesures de lutte contre la pandémie                  | p. 49 |                                          |        | 8 <sup>e</sup> séance | Jeudi 21 octobre 2021    |
|                                                      |       |                                          |        | 9 <sup>e</sup> séance | Mardi 9 novembre 2021    |

Conférence des Présidents de Parlement des Petits États d'Europe

## Favoriser le dialogue entre petits États



Les participants de la Conférence des Présidents de Parlement des Petits États d'Europe réunis à Monaco.

Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, a participé à la 15<sup>e</sup> Conférence des Présidents de Parlement des Petits États d'Europe qui s'est tenue du 12 au 14 juin 2022 à Monaco.

Le renforcement des échanges entre les petits États d'Europe sur les grandes questions sociales, économiques et environnementales et la coopération interparlementaire pour favoriser le dialogue et la compréhension mutuelle étaient les sujets principaux sur lesquels les parlementaires ont discuté.

### Développement économique et touristique

Concernant l'agilité et l'attractivité des petits États d'Europe dans le développement économique et

touristique, les Présidents de Parlement ont estimé que la taille modeste de leur pays leur permettait d'évoluer et de s'adapter avec beaucoup plus de souplesse que d'autres pays, en particulier durant les périodes de mutation ou de crise.

Pour la première fois, des représentants des chambres de commerce et des bureaux de tourisme des différents pays ont participé à la rencontre et disposaient de stands de présentation afin de pro-

mouvoir leur pays. « Innovation, dynamisme, flexibilité, esprit d'initiative sont les mots-clés du développement économique et touristique des petits pays », a souligné le Président de la Chambre des Députés lors de son intervention.

### Crise de Covid-19 : les enseignements pour l'avenir

« Nous avons plus que jamais besoin de relations bilatérales fortes et d'institutions internationales solides », a déclaré M. Etgen au sujet de la crise de Covid-19 ainsi que des enseignements à en tirer pour l'avenir.

Les Présidents de Parlement ont mis en avant l'importance du développement d'une plus grande résilience et d'une meilleure préparation aux crises ainsi que d'un engagement accru en faveur de politiques axées sur les besoins, les priorités et les attentes des citoyens.

### La place des femmes dans la vie politique et économique

Selon le Président de la Chambre des Députés, « l'égalité n'est pas seulement une question qui concerne les femmes.

Elle doit être abordée de manière transversale et inclusive au sein des gouvernements et des institutions internationales ».

Les Présidents de Parlement ont estimé qu'il est indispensable de continuer à faire évoluer les textes et les pratiques et de tout mettre en œuvre pour créer les conditions favorables à l'égalité des chances.

### Guerre en Ukraine

En référence au conflit opposant l'Ukraine à la Russie, les parlementaires ont préconisé de recourir à tous les instruments possibles au niveau parlementaire afin de parvenir à une solution pacifique du conflit.

### 9 pays rassemblés

La 15<sup>e</sup> rencontre a réuni les Présidents ou représentants des Parlements de la Principauté d'Andorre, de la République de Chypre, de la République d'Islande, de la Principauté de Liechtenstein, du Grand-Duché de Luxembourg, de la République de Malte, de la Principauté de Monaco, du Monténégro et de la République de Saint-Marin. En 2023, la 16<sup>e</sup> rencontre aura lieu au Luxembourg.

Visite du Commissaire européen chargé de l'environnement, des océans et de la pêche

## Un moment historique sans revirement possible

Le Grand-Duché de Luxembourg a certes des ambitions en matière de protection de la biodiversité et de la lutte contre le changement climatique, mais pourrait mieux faire dans certains domaines, notamment celui du secteur agricole.


C'est le constat du Commissaire européen chargé de l'environnement, des océans et de la pêche, M. Virginijus Sinkevičius, qui était en visite à la Chambre des Députés le 13 juin 2022. Lors de cette rencontre, le Commissaire a eu des échanges de vues avec les membres de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire et de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile. Dans son intervention, M. Sinkevičius est revenu sur les différentes stratégies mises en place par la Commission européenne, telle que la stratégie « Farm to Fork » ou encore « Fit for 55 ». Ces plans devraient servir d'éléments accélérateurs pour la transition verte et écologique, selon le Commissaire européen.

Un des objectifs de la Commission européenne jusqu'en 2030 est une meilleure protection des terres et des écosystèmes plus résilients, grâce à la « soil strategy ». Une nouvelle directive sur cette thématique devrait voir le jour en 2023, a annoncé M. Sinkevičius. Les sujets abordés lors de l'entrevue étaient très variés. Les députés ont posé des questions sur l'utilisation du plastique, l'agriculture en milieu urbain, les chaînes alimentaires, l'économie cir-

culaire et la durabilité des forêts. Sur ce dernier point, le Commissaire européen a salué les efforts du Luxembourg pour protéger davantage les milieux forestiers.

Le 8 juin 2022, les membres du Parlement européen se sont majoritairement prononcés en faveur de l'interdiction de la vente de voitures neuves à moteur thermique à partir de 2035. Il s'agit d'une déci-

sion historique irrévocable, a estimé M. Sinkevičius, en soulignant qu'il est à présent important de se concentrer sur l'installation d'infrastructures pour les véhicules électriques.



La délégation luxembourgeoise en présence de M. Virginijus Sinkevičius, Commissaire européen chargé de l'environnement, des océans et de la pêche (8<sup>e</sup> à gauche)



Visite de la Commissaire européenne à l'égalité

## « La diversité est une force »



**La Commissaire européenne à l'égalité, Mme Helena Dalli (à gauche), et Mme Anne Calteux, Représentante de la Commission européenne au Luxembourg**

Le Grand-Duché est un bon exemple dans l'inclusion et la diversité des personnes appartenant à des groupes minoritaires, telles que des personnes en si-

tuation de handicap, homosexuelles, appartenant à d'autres origines ethniques, etc. Tel était le constat de Mme Helena Dalli, Commissaire européenne à l'égalité, lors de sa visite à la Chambre des Députés le 17 juin 2022.

Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, a souligné que la promotion de l'inclusion importe autant que le changement climatique ou encore la crise économique. Pour démontrer la volonté d'inclusion du Grand-Duché, M. Etgen a rappelé le vote de la loi du 7 janvier 2022 qui vise à implémenter le concept de l'« accessibilité pour tous ». Mme Dalli a salué tous les efforts entamés ces dernières années par le Luxembourg pour inclure davantage les groupes minoritaires. La diversité serait une force et l'inclusion serait vécue jour par jour au Grand-Duché, selon la Commissaire européenne.

### Vers une Union de l'égalité

Au niveau européen, la Commission européenne a mis en place une stratégie en faveur de l'égalité pour la période 2020-2025. Une taskforce a également été mise en place, selon Mme Dalli, pour mobiliser et sensibiliser les citoyens. Un des points forts de la

discussion avec les députés était l'égalité entre les femmes et les hommes. La position des femmes devrait être améliorée, se traduisant notamment par un meilleur accès au marché de l'emploi.

« Une femme en situation professionnelle est moins dépendante de son partenaire et donc moins fragilisée », a constaté Mme Dalli.

La Commissaire européenne a rappelé qu'une proposition de directive sur la lutte contre la violence à l'encontre des femmes et la violence domestique a été déposée en mars 2022.

Un député de l'opposition a contesté dans ce contexte que les femmes soient les seules victimes de violence domestique.

Beaucoup d'hommes seraient également concernés et ils devraient également pouvoir accéder aux foyers d'accueil au même titre que les femmes.

### L'accès au marché de l'emploi pour les personnes handicapées

Un député de la majorité a souhaité connaître les mesures qui sont mises en place au niveau européen

pour permettre aux personnes handicapées d'accéder au marché du travail.

Selon Mme Dalli, la Commission européenne envisagerait cette année encore de publier un paquet de mesures qui devrait faciliter cet accès.

« C'est la société qui handicape les personnes invalides », a estimé la Commissaire européenne.

### L'égalité des femmes et des hommes en politique

Au cours des échanges, une députée a mis l'accent sur l'égalité des femmes et des hommes en politique. Si elle ne se dit pas favorable à des quotas dans certains secteurs, Mme Dalli l'est néanmoins dans le domaine de la politique et notamment au sein des parlements.

Selon la Commissaire européenne, des mécanismes correcteurs devraient être mis en place de manière transitoire afin de promouvoir une représentation équilibrée des sexes tant que celle-ci n'est pas atteinte, tel qu'à Malte.

67<sup>e</sup> séance plénière du Conseil parlementaire interrégional (CPI)

## Trafic cycliste et protection contre les inondations

Le 10 juin 2022 s'est tenue la deuxième séance plénière du Conseil parlementaire interrégional (CPI) sous la présidence de la Région Grand Est. Au début de la séance plénière, les membres du CPI-IPR ont souhaité la bienvenue aux nouveaux membres de la délégation du Landtag de Sarre, issus des élections régionales du 27 mars 2022, ainsi qu'à leur nouvelle Présidente, Mme Heike Becker.

Mme Carole Hartmann, en sa qualité de présidente de la commission « Environnement et agriculture », a présenté la recommandation concernant « le trafic cycliste transfrontalier quotidien » élaborée conjointement avec la commission « Transport et communication ». Cette recommandation propose d'introduire des systèmes « park and bike » dans les gares ferroviaires et à certains arrêts de bus importants dans l'ensemble de la Grande Région. Un autre objectif de cette recommandation est de créer des liaisons transfrontalières continues de pistes cy-

clables pour les déplacements quotidiens. Mme Hartmann a encore exposé les grandes lignes de la recommandation proposant de développer des approches interrégionales pour la protection transfrontalière, préparée au sein de la commission « Environnement et agriculture » et de la commission « Sécurité intérieure, protection civile et services de secours ». L'organisation d'exercices communs de protection contre les inondations dans les bassins versants des cours d'eau transfrontaliers et le renforcement des canaux d'échange d'informations et de données afin de consolider la réversibilité de phénomènes climatiques extrêmes sont d'autres points revendus dans cette recommandation.

Les députés du CPI ont également adopté deux autres recommandations : « Le statut du frontalier » et « L'Université de la Grande Région ». La documentation adoptée au cours de cette session est consultable sur le site Internet du CPI (<https://cpi-ipr.eu/>).



**Mme Carole Hartmann (à droite) lors de son intervention à la 67<sup>e</sup> séance plénière du CPI à Metz**

Session de printemps de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN

## Solidarité avec l'Ukraine



**La Chambre des Députés était représentée par Mme Lydia Mutsch, présidente de la délégation luxembourgeoise, et M. Sven Clement, membre de la délégation.**

La session de printemps de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN, qui s'est tenue du 27 au 30 mai 2022, a été l'occasion pour les parlementaires des 30 États membres de l'OTAN de manifester leur soutien à l'Ukraine à travers un échange de vues avec les députés et les membres du gouvernement ukrainiens. Initialement prévue à Kyiv, la réunion a dû être déplacée à Vilnius après l'invasion russe.

Les quelque 280 membres réunis ont adopté à l'unanimité deux rapports importants, le premier en soutien à l'Ukraine et un deuxième rapport intitulé « Contrer la menace russe ».

L'Assemblée invite notamment les gouvernements à poursuivre la mise sur pied d'une coalition mondiale pour fournir toute assistance possible à l'Ukraine, à alourdir les sanctions à l'égard de la Russie, à augmenter substantiellement les livraisons de matériel militaire et d'aide humanitaire et à indiquer clairement à la Russie que la communauté internationale ne re-

connaîtra jamais l'annexion illégale et illégitime des territoires ukrainiens par la Russie.

Les membres ont rappelé que l'OTAN, en tant qu'alliance défensive, ne recherche pas la confrontation avec la Russie. En même temps, l'Assemblée parlementaire a déclaré sans équivoque que les Alliés prendront toutes les mesures nécessaires pour dissuader et défendre « chaque centimètre du territoire de l'OTAN » contre les menaces de la Russie. Le nouveau concept stratégique de l'OTAN, que les ministres adopteront lors de leur prochaine réunion à Madrid, devra tenir compte des nouvelles réalités et reconnaître l'agressivité de la Russie comme la plus immédiate des menaces, ont insisté les membres de l'Assemblée. Les parlementaires ont également pu entendre les Présidents des Parlements suédois et finlandais à propos de leurs demandes d'adhésion respectives conformément à la politique de la porte ouverte de l'OTAN.

## Visite du Domaine thermal à Mondorf-les-Bains

Dans le cadre des festivités du 175<sup>e</sup> anniversaire du thermalisme à Mondorf-les-Bains, le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, a effectué une visite du Domaine thermal le 10 juin 2022.

Accompagné de M. Paul Hammelmann, Président du Conseil d'administration de l'établissement public, M. Pierre Plumer, Directeur général du Domaine thermal, et M. Steve Reckel, Bourgmestre de la ville de Mondorf-les-Bains, M. Etgen a pu découvrir les différents soins et activités thermales. Il a également eu un échange de vues avec les responsables, notamment sur la situation du Domaine thermal pendant la pandémie. Bien que la crise sanitaire ait aussi eu un impact important sur le quotidien du Domaine thermal, les responsables ont bien su gérer la situation et tous les emplois ont pu être préservés.

Le Président de la Chambre a félicité les responsables des efforts entrepris pendant la pandémie.

M. Etgen s'est aussi renseigné sur les projets actuels et futurs. En 2020, la Chambre des Députés avait donné son feu vert pour l'agrandissement et la rénovation du Domaine thermal, une étape importante pour le centre thermal. « Le Domaine thermal est aujourd'hui une entreprise moderne qui peut se prévaloir d'une longue expérience. Les responsables ont toujours su réaliser les développements nécessaires pour adapter le centre à son temps. Il est essentiel qu'il existe des centres comme celui-ci, où les gens peuvent se procurer des services de bien-être et des soins de santé. Mieux vaut prévenir que guérir », a conclu le Président de la Chambre des Députés.



**M. Steve Reckel, Bourgmestre de la ville de Mondorf-les-Bains, M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés, M. Pierre Plumer, Directeur général du Domaine thermal, et M. Paul Hammelmann, Président du Conseil d'administration de l'établissement public (de gauche à droite)**



Visite d'une délégation du Parlement de Mongolie

# Miser sur la politique de coopération avec le Luxembourg



Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, entouré d'une délégation de parlementaires de la Mongolie

## NOUVELLES LOIS

### Chambre des Métiers : adaptation de la procédure électorale

7775 - Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 2 septembre 2011 portant réorganisation de la Chambre des Métiers et modifiant la loi du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce ;

2° de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective ;

3° de la loi modifiée du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce

L'objectif principal de ce projet de loi est d'adapter certaines dispositions de la procédure électorale d'application pour la Chambre des Métiers. Il est notamment prévu de remplacer les délais et échéances fixes de la procédure électorale par des délais et échéances flexibles. Ces délais et échéances seront déterminés à partir de la date du scrutin. Les échéances fixes actuelles peuvent poser problème, plus particulièrement en cas d'élections anticipées ou complémentaires. Le projet de loi a ensuite pour objet d'adapter certains points des lois organiques de la Chambre des Métiers et de la Chambre de Commerce, mais aussi des dispositions générales de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective. Ainsi, le droit de vote actif dans différentes chambres professionnelles en cas d'affiliations multiples sera désormais permis. Le droit de vote passif restera limité à une seule chambre professionnelle. Dans une volonté de simplification, le projet de loi aligne également la procédure actuelle du recours sur celle prévue pour les élections législatives et communales. Ainsi, les voies de recours seront limitées au seul recours devant la Cour administrative.

Le présent projet de loi ne comporte aucune disposition dont l'application est susceptible de grever le budget de l'État.

Dépôt par M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes, le 03.03.2021

Rapporteur : M. Guy Arendt

Travaux de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme (Présidente : Mme Simone Beissel) :

29.06.2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

30.09.2021 Examen de l'avis du Conseil d'État

04.10.2021 Adoption d'une série d'amendements parlementaires

14.10.2021 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 21.10.2021

Loi du 26 octobre 2021

Mémorial A : 2021, n° 752, page 1

### Mesures de lutte contre la pandémie

7897 - Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ;

3° de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail

Au vu de l'évolution de la situation épidémiologique, qui se caractérise par un taux d'incidence relativement élevé des infections ainsi que par un taux de vaccination stagnant, le présent projet de loi se propose de prolonger la version actuelle de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 jusqu'au 18 décembre 2021, tout en y apportant certaines adaptations.

1. Au niveau du régime CovidCheck

Il est proposé d'apporter plusieurs modifications essentielles à ce régime, à savoir :

a. La suppression des autotests sur place et l'admission des seuls tests antigéniques rapides (tests TAR) certifiés par des professionnels de la santé à l'exception de ceux réalisés dans le cadre de l'enseignement

Les autotests sur place sont supprimés du dispositif CovidCheck et seuls les tests TAR certifiés par les professionnels de la santé sont admis. Il convient de rappeler que le régime CovidCheck a été introduit au printemps, c'est-à-dire à un moment où la vie sociale se déplaçait de l'intérieur vers l'extérieur. Au début de l'été, lorsque le nombre d'infections a rebondi suite aux festivités liées à la fête nationale, les premières adaptations visant une limitation de la validité des autotests ont été décidées.

Alors que l'automne s'installe progressivement et que la vie sociale se déplace à nouveau vers l'intérieur, il convient d'agir sur les points les plus faibles dudit régime. En effet, si les tests TAR restent des tests fiables, encore faut-il qu'ils soient correctement exécutés. Il est dès lors proposé de supprimer la possibilité de réaliser un autotest sur place afin d'accéder à une manifestation ou un événement se déroulant sous le régime CovidCheck et de prévoir que seuls les tests TAR certifiés par des professionnels de la santé seront admis.

Une exception est prévue pour les tests TAR effectués dans le cadre de l'enseignement. Ceux-ci peuvent continuer à être réalisés sous la surveillance d'un fonctionnaire public ou d'un employé désigné à cet effet. À noter encore que les autotests sur place restent possibles pour pouvoir entrer dans un établissement hospitalier ou un établissement pour personnes âgées. En effet, les établissements hospitaliers ont une mission de service public et doivent garantir l'accès aux soins. Par ailleurs, ces établissements pourront organiser la réalisation des autotests de façon à en assurer une exécution correcte.

b. Le relèvement de l'âge à partir duquel les enfants sont soumis au régime CovidCheck

L'âge à partir duquel les enfants sont soumis au régime CovidCheck est relevé de six ans à douze ans et deux mois. S'il est vrai que les enfants de cette catégorie d'âge appartiennent à la catégorie la plus exposée au virus, alors qu'ils ne peuvent pas encore bénéficier d'une vaccination, il n'en demeure pas moins que cette catégorie fait également partie de celles qui sont le plus testées, à savoir deux à trois fois par semaine selon la situation. Il n'est partant pas déraisonnable d'exempter les enfants de cette catégorie d'âge d'une obligation de test. D'ailleurs, beaucoup de pays européens, qui ont mis en place un dispositif analogue à notre régime CovidCheck au cours de l'été, exemptent les enfants de cette catégorie d'âge de toute obligation de test dans le cadre de ce dispositif.

Dorénavant, à partir de douze ans et deux mois, les enfants devront présenter un certificat de test Covid-19 (prouvant un résultat négatif) ou un certificat de vaccination respectivement de rétablissement pour accéder à une manifestation ou un événement CovidCheck.

2. Au niveau du secteur Horeca

Alors que le régime CovidCheck reste optionnel pour les terrasses, il est proposé de soumettre l'intérieur des restaurants et des cafés obligatoirement au régime CovidCheck. En effet, les restaurants et les cafés sont des lieux où il est difficile, voire impossible de respecter les mesures sanitaires. Or, si en été les personnes prenaient de préférence leur déjeuner ou dîner en terrasse, au cours des semaines et mois à venir la plupart des activités de l'Horeca se dérouleront à l'intérieur. Il s'agit dès lors de s'assurer que ces activités puissent avoir lieu en toute sécurité - tant pour le personnel que pour les clients.

3. Au niveau du monde du travail au sens large du terme

Le présent projet de loi prévoit la faculté pour les chefs d'entreprise ou d'administration de placer tout ou partie de leur entreprise ou administration sous le régime CovidCheck. Les travailleurs - tout comme les visiteurs - sont alors obligés de présenter un certificat de vaccination, de rétablissement ou de test.

4. Au niveau des règles de rassemblement

Il est proposé d'ajuster les limites relatives aux rassemblements

1° en portant la limite du nombre de personnes pouvant se rassembler de 300 à 2.000 personnes, et ;

Le développement du tourisme, du secteur financier ou encore de l'économie verte figurent parmi les ambitions de la Mongolie pour les années à venir. Pour parvenir à ces objectifs, le pays de 3,27 millions d'habitants compte sur la politique de coopération, notamment avec le Luxembourg. Une délégation du Parlement de Mongolie, le Grand Khoural d'État, était en visite à la Chambre des Députés le 17 juin 2022 pour un échange de vues avec les membres du Bureau et de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile. Les parlementaires mongols ont expliqué que leur pays, bien que riche en cuivre, acier et éléments rares, est à la recherche de partenaires économiques pour exploiter ces minéraux. « La Mongolie envisage de diversifier son économie, de développer l'économie verte et de lutter contre le changement climatique », ont-ils précisé.

#### La dépendance de la Mongolie envers la Russie

Le 2 mars 2022, une résolution exigeant que la Russie cesse immédiatement de recourir à la force

contre l'Ukraine avait été mise au vote à l'ONU, vote lors duquel la Mongolie s'était abstenue. Face à leurs interlocuteurs luxembourgeois, les députés mongols ont motivé cette abstention par la forte dépendance de leur pays envers la Russie, non seulement d'un point de vue géopolitique, mais également en ce qui concerne l'approvisionnement en énergie et en produits pétroliers. Cependant, la Mongolie serait en train de construire une centrale hydro-électrique qui devrait la rendre moins dépendante de son voisin russe. Sa volonté de rester neutre selon les dispositions de la constitution serait une raison supplémentaire pour cette abstention.

#### Le problème de la désertification

Pendant la COP26 à Glasgow à la fin de l'année dernière, le Président de la Mongolie avait annoncé la plantation de plusieurs milliards d'arbres pour faire face à la désertification du pays due entre autres au changement climatique ou à la grande population de bétails. Interrogés sur la mise en pratique de cette mesure, les parlementaires mongols ont fait savoir que chaque habitant est invité à planter des arbres.

## Compte rendu n° 02 | 2021-2022

2° en supprimant toute limite maximale dans le cadre du protocole sanitaire fixée actuellement à 2.000 personnes.

Il s'ensuit que les rassemblements entre 11 et 2.000 personnes peuvent avoir lieu sous le régime CovidCheck sans être tenus aux restrictions strictes prévues - port du masque, distanciation sociale, place assise - et que des rassemblements de plus de 2.000 personnes sont possibles dans le cadre d'un protocole sanitaire sans qu'il y ait de limite au niveau du nombre de participants.

5. Au niveau de la reconnaissance des certificats de vaccination de pays tiers

Alors qu'actuellement, seuls les vaccins approuvés par l'Agence européenne des médicaments (EMA) sont reconnus au Luxembourg, le présent projet de loi prévoit - à côté de la possibilité pour la Commission européenne de reconnaître l'équivalence à des certificats établis par des pays tiers - la possibilité pour le Luxembourg d'accepter des certificats de pays tiers dès lors que certaines conditions sont remplies. La condition la plus importante concerne le vaccin utilisé à l'étranger. À cet effet, la définition des termes « schéma vaccinal complet » est adaptée. Ainsi, un schéma vaccinal sera également considéré comme étant complet si la vaccination a été effectuée avec un vaccin approuvé au terme de la procédure d'inscription sur la liste d'utilisation d'urgence de l'Organisation mondiale de la santé (OMS) et qui est biosimilaire aux vaccins approuvés par l'EMA. Cette double condition limite cette possibilité aux vaccins approuvés par l'OMS qui sont identiques aux vaccins déjà utilisés au Luxembourg, mais qui ont été sous-traités par les fabricants et qui portent un autre nom de fabrication. Un règlement grand-ducal sur base d'un avis motivé du directeur de la santé établira la liste des vaccins acceptés au Luxembourg dans le cadre de la reconnaissance des certificats de vaccination des États tiers. Une liste des États tiers dont le Grand-Duché de Luxembourg accepte les certificats de vaccination sera également fixée par règlement grand-ducal.

Les nouvelles dispositions resteront applicables jusqu'au 18 décembre 2021. Concernant l'entrée en vigueur de la loi, les nouvelles dispositions relatives au régime CovidCheck en général, celles relatives au secteur Horeca et celles concernant le lieu de travail entreront en vigueur de manière différée le 1<sup>er</sup> novembre 2021. Ce délai devrait permettre aux personnes concernées de prendre les dispositions nécessaires pour s'adapter aux nouvelles règles. Le projet de loi prévoit par ailleurs une modification de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière, de sorte que le Commissaire aux hôpitaux pourra désormais se faire remplacer par son délégué pour assister aux assemblées générales et aux réunions des organismes gestionnaires des établissements hospitaliers. Finalement, les dispositions relatives au dispositif dérogatoire en matière de congé pour raisons familiales, en vigueur depuis le 21 janvier 2021, sont prolongées jusqu'au 18 décembre 2021 inclus. En effet, il convient de maintenir la possibilité de réagir rapidement aux conséquences que la situation sanitaire peut avoir pour les parents d'enfants vulnérables et par rapport aux problèmes de garde qui peuvent se poser en cas de fermeture d'écoles ou de structures d'accueil pour les parents d'enfants de moins de treize ans.

Dépôt par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 08.10.2021

Rapporteur : M. Mars Di Bartolomeo

Travaux de la Commission de la Santé et des Sports

(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :

11.10.2021 Présentation du projet de loi

14.10.2021 Désignation d'un rapporteur

Examen de l'avis du Conseil d'État

Examen d'une série d'amendements gouvernementaux

15.10.2021 Présentation d'un amendement gouvernemental

Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 18.10.2021

Loi du 18 octobre 2021

Mémorial A : 2021, n° 732, page 1



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Communications

- M. Fernand Etgen, Président

### 3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

### 4. 7897 - Projet de loi portant modification :

**1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;**

**2° de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ;**

**3° de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail**

- Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo

- Discussion générale : M. Claude Wiseler (dépôt de la motion 1) - M. Gilles Baum (interventions de M. Mars Di Bartolomeo) - M. Georges Engel (interventions de M. Fernand Kartheiser, Mme Martine Hansen, M. Claude Wiseler et M. le Ministre Dan Kersch) - Mme Josée Lorsché (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et M. Fernand Kartheiser) - M. Jeff Engelen (interventions de Mme la Ministre Paulette Lenert, Mme Josée Lorsché, M. Georges Engel et M. Fernand Kartheiser) (dépôt de la motion 2) - Mme Nathalie Oberweis - M. Sven Clement (interventions de M. Mars Di Bartolomeo, M. le Ministre Dan Kersch et M. Georges Engel)

- Prises de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (interventions de M. Claude Wiseler) - M. Roy Reding (parole après ministre) - Mme la Ministre Paulette Lenert (intervention de M. Roy Reding) - M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre - Mme Josée Lorsché - M. Claude Wiseler - M. le Ministre Dan Kersch (interventions de M. Claude Wiseler) - M. Fernand Etgen, Président (interventions de M. Sven Clement et M. Fernand Kartheiser)

- Vote séparé sur l'article 2 (2) du projet de loi 7897 (adopté)

- Vote séparé sur l'article 6 du projet de loi 7897 (adopté)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Motion 1 : M. Georges Engel - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement (interventions de M. Georges Engel et M. le Ministre Dan Kersch) - M. Claude Wiseler

- Vote sur la motion 1 modifiée (rejetée)

- Motion 2 : M. Gilles Baum - M. Marc Goergen - M. Claude Wiseler (interventions de M. le Ministre Dan Kersch et M. Georges Engel) - M. Fernand Kartheiser (retrait de la motion) (interventions de M. Sven Clement et M. Gilles Baum)

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre ; Mme Corinne Cahen, M. Marc Hansen et Mme Paulette Lenert, Ministres.**

*(La séance publique est ouverte à 09.02 heures.)*

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre.**- Nee, Här President, dat ass net de Fall.

### 2. Communications

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen.

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projets de loi, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, a vun deenen, déi zrëckgezu gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

**Communications du Président - séance publique du 18 octobre 2021**

*1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.*

*Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.*

*2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :*

**7878** - *Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 et modifiant :*

*1° le Code de la sécurité sociale ;*

*2° la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs (« Bewertungsgesetz »);*

*3° la loi modifiée du 1<sup>er</sup> décembre 1936 concernant l'impôt commercial (« Gewerbesteuergesetz »);*

*4° la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;*

*5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;*

*6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;*

*7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant*

*a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;*

*b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;*

*c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;*

*8° la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999 ;*

*9° la loi du 7 décembre 2007 autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain ;*

*10° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;*

*11° la loi modifiée du 1er août 2019 concernant les mutuelles*

*Dépôt : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 13.10.2021*

**7879** - *Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025*

*Dépôt : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 13.10.2021*

*3) La proposition de loi suivante a été retirée du rôle des affaires :*

**7549** - *Proposition de loi instituant des dispositions transitoires concernant les baux à loyer dans le contexte de la crise sanitaire Covid-19*

*Dépôt : M. Sven Clement, Député, le 02.04.2020*

*Retrait du rôle des affaires : le 14.10.2021*

*4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :*

**2056** - *Demande de pétition publique : Abolition du CovidCheck pour l'accès aux lieux tels que les hôpitaux, restaurants et lieux de loisirs*

*Dépôt : Giovanni Tinelli, le 11.10.2021*

**2057** - *Demande de pétition publique : Faire reconnaître le test sérologique et pouvoir le certifier dans le CovidCheck.*

*Dépôt : Luigi Laera, le 12.10.2021*

**2058** - *Demande de pétition publique : Stop aux pass sanitaires / CovidCheck*

*Dépôt : Tina Lempereur, le 12.10.2021*

**2059** - *Demande de pétition publique : Petition gegen das Ansteigen der Benzinpreise*

*Dépôt : Pierrot Bettendorf, le 12.10.2021*

**2060** - *Demande de pétition publique : Casque obligatoire pour les cyclistes qui roulent dans la rue*  
*Dépôt : Andy König, le 14.10.2021*

**2061** - *Demande de pétition publique : Ënnerstëtzung fir d'Elteren, deenen hir Kanner net an eng Maison relais ginn*

*Dépôt : Jules Clement, le 14.10.2021*

**2062** - *Demande de pétition ordinaire : Suppression totale de toutes les restrictions et contraintes sanitaires liées à l'épidémie de Sars-CoV-2 et obligation pour les médecins généralistes de soigner les patients Covid dès les premiers symptômes pour leur éviter l'hospitalisation*

*Dépôt : Michel Prémont, le 14.10.2021*

*(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)*

### 3. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, sou wéi d'Präsidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

### 4. 7897 - Projet de loi portant modification :

**1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;**

**2° de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ;**

**3° de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail**

Op eisem Ordre du jour vun haut de Moie steet de Projet de loi 7897, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Aféierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht.

An ech ginn d'Wuert direkt dem Rapporteur vun dësem Projet de loi, a wie kéint dat anescht si wéi den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo? Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Santé et des Sports**

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann ech mech net ieren, stinn ech haut fir dëi 23. Kéier virun Iech, fir en Anti-Covidgesetz virzustellen. Dat heescht, mir sinn nach net iwwert de Bierg, och wa mer deem gemeinsamen Zil, de Virus an de Grëff ze kréien, weesentlech méi nokommen. Datt mer erëm zrëck an dësem Haus sinn, ass nëmmen een Zeechen do derfir.

An dach beweege mer eis ëmmer nach op dënnem Äis an et gëllt weiderhin, en Equiliber ze fannen tëscht restriktive Moossnamen am Interessi vum individuellen an allgemenge Gesondheetsschutz an de berechtigten Uspréch op Normalitéit a Fräiheeten.

Besonnesch an deene leschten Deeg hu mer gesinn, dass et e richtege Balancéakt ass, dee sécher nach méi eng intensiv Kommunikatioun verlaangt: Well och wann ee ganz haart schwätzt, dierf een net vergiessen, dass et eng Majoritéit gëtt, déi méi lues schwätzt!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Elo dann zu der Situatioun um Terrain.

D'Inzidenzzuel vun den Neiinfektiounen op 100.000 Awunner iwwer 7 Deeg gekuckt geet erop a louch an der Woch tëscht dem 4. an 10. Oktober bei 106. D'Zuele vun de leschten Deeg weise weider no uewen. Dës Inzidenz ass am héchste bei de Jonken tëschent null a 14 Joer an am niddregste bei de Leit iwwer 60 Joer, woubäi awer grad bei den iwwer 75-Järegen d'Zuelen elo nees eropginn.

An de Spideeler bleift d'Situatioun am Moment stabil. An der Woch vum 4. bis den 10. Oktober goufe 15 Persounen am Zesummenhang mat enger Covid-infektioun hospitaliséiert, 5 Persoune waren op der Intensivstatioun.

Eng Zuel aus dem leschte Wocheréckbléck ass an der Éffentlechkeet an an der Press vill diskutéiert a kommentéiert ginn: nämlech de Fait, dass an der Woch vum 4. bis den 10. Oktober 46 % vun den Neiinfektioune Leit betraff hunn, déi komplett geimpft waren. Dës Zuele si richtig, mee ginn e falscht Bild of!

Fir e korrekt Bild ze weisen, muss een d'Inzidenz bei de Geimpfte kucken, also d'Zuel vun den neiinfizéierte Geimpfte par rapport zu der Populatioun vun de Geimpften, an dat selwecht ënnert den Netgeimpften. Wann een dëst mat abezitt, gesäit een, dass d'Inzidenz bei den Netgeimpfte wäिताs méi héich ass wéi bei de Geimpften.

D'Zuelen, déi ech fonnt hunn, weisen an deene leschte Wochen, dass de Risiko, sech ze infizéieren, fir Netgeimpfte ronn véiermol méi héich louch. De Risiko, an d'Spidol ze kommen duerch eng Infektioun, ass ronn dräimol esou héich an de Risk, op eng Intensivstatioun ze kommen, ass bal zéngmol sou héich bei Netgeimpfte wéi bei Geimpften.

Dat si Fakten, déi ee soll am Hannerkapp behalen, wann een d'Wierksamkeet vum Impfen a Fro stellt. An et soll een heiansdo, wa méiglech heiansdo oft, och lauschteren, wat d'Virologen hei zu Lëtzebuerg an am Ausland soen an net onbedéngt Experten, déi selwer ernannt sinn an déi eppes ganz Seltenes erfuer hunn hei am Land: Dat ass de Réckzuch vun der Autorisation d'exercer!

Mir wëssen, dass d'Delta-Variant an deene leschte Wochen 100 % vun den Infektiounen ausgemaach huet an dass d'Impfunge géint eng Infektioun mat Delta manner effikass sinn. Mee si schütze weiderhi gutt géint e schlëmme Verlaf, virun enger Hospitalisatioun a virun allem och virun engem déidlechen Ausgang.

Dofir: D'Impfungen hëllef e virun allem géint eng Iwwerbelaaschtung vun de Spideeler! An deenen, déi do säit dem Ufank vun der Kris bis zum Geht-nichtmehr geschafft hunn.

Komm mir kucken no vir a mir kucken, wat géif pas-séieren, wann no 18 Méint op de Felge fueren an de Spideeler nach eng Kéier esou eng Well géif kommen. Ech wëll mer dat net virstellen an ech wëll dat och net deene Leit zoumudden, deene mer verdanken, dass mer haut do stinn, wou mer haut stinn. Also wannechgelift: Jo, kommt, mir denken un eis, mee kommt, mir denken och un déi, déi esou Efforte gemaach hunn, déi vis-à-vis vun eisen Efforten - jo, ech brauch et net auszedrëcken - bal bis zum Iwwermëschleche gaang sinn! A si verdéngen duerfir e Merci! An dee beschte Merci kënnen mer soen, wa mer mat derzou bäidroen ze verhënneren, dass se nach eng Kéier ënnert d'Dampfwalz kommen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Dofir: D'Impfungen hëllef e virun allem virun enger Iwwerbelaaschtung vun de Spideeler an deenen, déi eis jidderzäit zur Säit stoungen. Dat war ëmmer eist Zil vun de Mesuren, déi mer gestëmmt hunn, an dat bleift och weiderhin eist Zil.

Dofir proposéiert déi nei Versioun vum Covidgesetz d'Mesuren, déi en place sinn, bäizebehalen a plazeweis unzepassen. De CovidCheck gëtt enger-säits ausgedeent an anerersäits opgelackert: Ab dem 1. November wäerten Autotester op der Plaz - sur place - net méi gëllen, mee just nach déi Antigee schnelltester, déi ënnert der Opsicht vu Gesondheetspersonal gemaach a vun hinnen certifiéiert ginn. De Grond ass, dass et bei deenen Tester, bei deene Selbsttester eng ganz Partie vun Abuse gouf oder dass se mol iwwerhaapt net gemaach goufen an een einfach duerchgewonk ginn ass an dass dës Zort Tester dofir d'Schwaachstell vun CovidCheck waren.

Eenzeg Ausname sinn an Zukunft d'Schnelltester an der Schoul, déi weider - allerdéngs just zu Lëtzebuerg - gëlteg sinn. Do derniewent kënnen och Schnelltester sur place gemaach gi fir den Accès zu Spideeler a Strukture fir eeler Leit. Den Zougang zu de Soine muss garantéiert bleiwen an an dëse Strukture muss dofir gesuergt ginn, dass déi Tester och richtig gemaach ginn.

Gläichzäiteg gëtt et awer och eng Oplackering vun dem CovidCheck-Regimm: Vum 19. Oktober u fale just nach Kanner iwwer 12 Joer an 2 Méint ënnert dee Regimm. Engersäits hunn d'Kanner do virdrun nach net d'Méiglechkeet, sech impfen ze loossen. Anerersäits gi se jo an de Schoule minimum zweemol d'Woch getest. Iwwregens sinn déi zwee Méint bei déi 12 Joer bäigesat ginn op Propos och vun der Santéskommissioun a mat engem Säitebléck op dat, wat an anere Länner festgehale ginn ass. Dësen Delai soll et erlaben, genuch Zäit ze loossen, fir sech no dem 12. Gebuertsdag impfen ze loossen.

Da wäert de CovidCheck-Regimm am Horeca-Secteur fir de Banneberäich vum 1. November un obligatoresch ginn, dëst, well am Café oder am Restaurant déi sanitär Moossnamen - Distanz a Masken - net kënnen agehale ginn a well do dacks vill Leit eng méi laang Zäit ongeschützt an engem zouene Raum verbréngen. Op den Terrasse bleift de Covid-Check fakultativ.

Op der Aarbecht gëtt et elo d'Méiglechkeet, ënner CovidCheck ze fonctionéieren, dat heescht, dass déi Responsabel vun enger Entreprise oder enger Administratioun d'Méiglechkeet hunn, déi ganz oder en Deel vun der Entreprise respektiv der Administratioun ënner CovidCheck ze stellen. Dobäi ass kloer, dass den Accès an de Fonctionnement vun de Services publics muss garantéiert bleiwen an dëst muss natierlech bei der Decisioun matabezu ginn.

Dës Measure géif enger Demande vu verschiddene Säiten nokommen: De CovidCheck soll et erlaben, och op der Aarbecht - an dat muss een am Hannerkapp behalen - zu méi Normalitéit zrëckzekommen,





wat e berechtigten Usproch ass vun deene Beschäftigten an de Betriber, dat heescht, schaffen ze kënnen ouni sanitär Moossnamen, Restriktionen, ouni Masken, Distanz oder soss Separationen, a gläichzäiteg d'Gesondheet a Sécherheet souwäit wéi méiglech ze garantéieren. Fir déi geimpfte Leit ass et och e Wee, fir hir Fräiheet erëmzekréien.

Dës Reegelung fällt ënnert d'Bestëmmunge vum Gesondheetsschutz op der Aarbecht, fir déi de Patron responsabel ass an déi am Code du travail, am Statut vun de Staatsbeamten oder Staatsmat-aarbechter ageschriwwen ass.

Et ass och wichteg ze betounen, dass natierlech den Droit commun weider spillt, dat heescht, all Reegele vun der Matbestëmmung, déi am Code du travail, bezéiungsweis am Statut oder Kollektivvertrag am Beräich Sécherheet beim Staat a Saache Gesondheetsschutz gëllen. Dat heescht, dass d'Personaldelegation, d'Personalverriedung, d'Sécherheetsbeoptraagten an den Decisiounsprozess matagebong ginn, souwäit dat virgesinn ass an deenen Ofmaachungen, déi et zwëschent dem Salaré, dem Fonctionnaire an dem Patron gëtt. Do gëtt et e Bedürfnis, mateneen ze schwätzen! Jo, den Dialog muss klappen zwëschent de Beschäftigten an de Betriber, fir déi Praxis esou gutt wéi méiglech kënnen duerchezéien.

Et ass kloer, dass de Patron also e ganz staarken Interêt huet, mat senger Belegschaft - sief dat am privaten oder am öffentleche Beräich - ze kucken, wéi virzegoen ass, wéi ee kann zesummen d'Sécherheet an d'Gesondheet, de gudden Fonctionnement an d'Zesummenaarbecht an der Entreprise respektiv der Administration garantéieren, an eventuell no adaptéierte Léisungen ze sichen. Dat heescht, do ass Diskussiounsbedarf an et ass och keen, deen der Diskussioun aus dem Wee geet, weeder an de Betriber nach ausserhalb vun de Betriber am Rame vum Sozialdialog, deen hei zu Lëtzebuerg nach wie vor groussgeschrëwe gëtt.

Falls dat net sollt méiglech sinn - an dat bleift hoffentlech d'Ausnam -, spillt a leschter Instanz den Droit commun, wat eventuell Sanktiounen a Prozeduren an deem Kader ugeet. Ech brauch net nach eng Kéier ze widderhuelen, op wat fir enger Basis.

D'Gesetz bréngt awer och eng Rei vu Lackerungen. Sou kënnen ënnert dem CovidCheck Evenementer, Manifestatiounen oder Rassemblementer lafe mat bis zu 2.000 Persounen. Bis elo louch déi iewesch Grenz bei 300 Persounen. Fir Evenementer vu méi wéi 2.000 Persounen muss dann zousätzlech e sanitäre Konzept bei der Santé agereecht ginn.

De Projet de loi schafft och eng legal Basis, dass mir hei zu Lëtzebuerg kënnen Vaccinatiounen vun Drëttstaate mat Impfstoffen akzeptéieren, déi nach net vun der EMA unerkannt sinn, mee déi awer vun der OMS eng speziell Geneemegung hunn.

Eng weider Ännerung vum Gesetz hält fest, dass Leit, déi mam Fliger op Lëtzebuerg areesen, an Zukunft just nach de Formulaire de localisation auszufüllen hunn, wann hire Fluch méi laang wéi fënnef Stonne war.

Do derniewent gëtt de spezielle Congé pour raisons familiales eng weider Kéier verlängert.

Eng Ännerung um Spidolsgesetz erlaabt et, dass de Commissaire aux hôpitaux sech an Zukunft ka vun engem Delegéierten op de Reunione vun de Verwaltungsreite vun de Spideeler ersetze loossen.

Dat neit Gesetz trëtt muer, 19. Oktober, a Kraaft, mat Ausnam vun der méi strenger Reegelung vum CovidCheck, also wat d'Ofschafe vun de Schnelltester ugeet, dem obligatoresche CovidCheck am Horeca an dem fakultative CovidCheck op der Aarbechtsplaz. Dës Bestëmmunge gëllen eréischt vum 1. November un, dat, fir deene Beträffenen Zäit ze loossen, sech dorobber virzebereeden. Wéinst dem relativ enken Delai huet d'Regierung decidéiert, de Leit, déi eréischt fir d'éischt geimpft sinn, an enger Iwwergangszäit weider gratis PCR-Tester unzebidden. Leit, déi sech aus medezinnesche Grënn nach net konnten impfe loossen, kréien déi Tester och doriwwer eraus bezuelt.

D'Lafzäit vum Gesetz geet bis den 18. Dezember, an der Hoffnung, dass mer bis dohinner d'Konditiounen erreecht hunn, fir méi, an am léifsten all eis Fräiheeten nees erëmzekréien.

Dëse Projet gouf den 8. Oktober an der Chamber deponéiert. D'Santés- a Sportskommissioun huet de Projet an hire Sëtzung vum 11. Oktober analyséiert, wat zu engem Amendement bäigedroen huet. Den Avis vum Conseil d'État vum 13. Oktober huet zu engem weideren Amendement gefouert. Nom Zousazavis vum Staatsrot huet d'Kommissioun de Rapport de 15. Oktober mat de Stëmme vun der Majoritéit géint d'Stëmme vun der Opposition ugeholl. Fir d'Avise verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Zur Konklusioun: D'Impfe bleift de Wee, de Wee eraus aus der Pandemie - virun allem, well et schwéier Krankheetsverleef, Hospitalisatiounen an domadder eng Iwwerbelaaschtung vun de Spideeler verhënnert. Ween dorunner zweifelt, soll e Bléck an

déi Länner werfen, déi eng niddreg Impfquot hunn: Ech weisen op Russland mat 30 % Impfquot, wou an engem Dag 1.000 Leit gestuerwe sinn. Dat muss ee sech virstellen: wou an engem Dag 1.000 Leit gestuerwe sinn! Elo huelen ech Russland net als dat grousst Beispill, mee et dierft awer deenen ze denke ginn, déi soen: „D'Impfung bréngt näischt.“ Kuckt, wéi eng Stabilitéit bei eis erreecht ginn ass, an da maacht Der lech selwer eng Meenung!

Dofir: Et kann ee Froen oder Ängshten hunn, mee et sollt ee bei sengem Dokter, bei de Wëssenschaftler méi Informatiounen an Äntwerte froen oder d'Covid-Helpline uruffen. A wann et noutwendeg ass, musse mer zousätzlech Informatiounsquelle schafen.

Mee op jidde Fall ass d'Iwwerleeung, „et stieche sech och geimpfte Leit un, dofir bréngt d'Impfung näischt“, vill ze vill kuerz gegräff. Zum engen, well d'Infektiounen ënner Geimpfte vill méi niddreg si wéi ënner Netgeimpften, an dat ass nach méi wouer, wat Komplikatiounen, Hospitalisatiounen a Stierffäll ugeet.

Eng héich Impfquot an e weidert Anhale vun de Gestes barrières erméiglecht eis de Wee aus der Pandemie an - ganz wichteg - hält dem Virus den Terrain an d'Méiglechkeet ewech, fir sech weider ze verbreeden an ze mutéieren!

Dofir weider den Opruff: Lauschtet op d'Wëssenschaft! Loosst lech impfen! Bleift weider virsiichteg a gesond!

Ech soen lech Merci an dem President Merci, dass ech e bësse méi Zäit krut. Merci gesot.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo villmools Merci a ginn d'Wuert direkt weider un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Claude Wiseler.

Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Villmools Merci, Här President. Et sinn elo 19 Méint, dass déi ganz Covidgesetz do sinn, an et spiert ee bei de Leit, och bei eis, eng gewësse Middegkeet. Vill Leit hunn es sat, hätte gär hiert Liewen erëm, hätte gär hir Fräiheeten erëm.

Et spiert een och säit kuerzem oder säit enger Zäit all Dag méi Tensiounen an eiser Gesellschaft, eng gewëssen Aggressivitéit an, ech mengen, och mir als Politiker kréien déi ze spieren. Ech denken, dass Dir am selwechte Fall sidd wéi ech: Bréiwer a Mailen hunn ech domat ugeschwat. An et héiert een dat vu béide Säiten: op där enger Säit déi, déi elo all hir Fräiheete wëllen erëmkréien, an op där anerer Säit déi aner, déi refuséieren, sech ëmmer méi an den Eck gedréckt ze spieren, an dat och kloer ausdrécken.

An ech soen: Dat ass net gutt fir eis Gesellschaft, fir eist Land! Bis elo konnte mer eng ganz Rei méi violent Ausschreidunge wéi am Ausland vermeiden. Gott sei Dank konnte mer se vermeiden an ech hoffen, dass mer se och an Zukunft kënnen vermeiden!

A wann esou eng Situatioun ass, da stellt ee sech, da stellen ech mer op jidde Fall d'Fro als Politiker: Wéi ginn ech domat ëm? An ech hu mer selwer eng Rei Äntwerte ginn, wéi ech mat esou Situatiounen, och par rapport zu de Leit, déi sech un een adresséieren, ëmginn.

Dat Éischt, dat ass, dass ech alles dat liesen a lauschten, wat ech kréien, wat mer zougedroe gëtt, an de Leit hir Meenung - wa se dann de Courage hunn, fir se auszudrécken - och seriö huelen a probéieren ze verstoen, wéi se sech spieren a wat se mengen.

Dat Zweet ass, an dat ass grad esou kloer: Ech loosse mech net ënner Drock setze vun iergendenger Meenung, déi méi haart wéi eng aner ausgedréckt gëtt, och wann dat probéiert gëtt, duerch wellech Moyenen och ëmmer! Ech loosse mech net ënner Drock setzen.

Drëttens, ech probéieren, mer objektiv meng Meenung ze maachen, wat dann elo richtig a wat falsch ass. An ech probéieren, dass éischstens an engem Bléckwénkel vun der Santé publique ze kucken, fir mol ze froen: Wat ass da fir d'ganz Gesellschaft richtig? Wéi kënnen mir als Solidargemeinschaft un e grave Problem, dee mer alleguer zesummen hunn, erugeen?

A wann ech déi Fro fir mech beäntwert hunn, da stellen ech mer d'Fro: Wéi ginn ech mat deene Leit hirer Meenung ëm, déi eng aner Meenung hu wéi ech? Wat sinn hir Suergen? A wéi kann ech deene Suerge begéinen, ouni meng éischt Finalitéit ewechzehuelen? Wat ass déi richtig Approche am Kader vun der Santé publique?

Duerfir géif ech haut gär eng Kéier probéieren, objektiv ze kucken, wou mer dru sinn. Den 13. Oktober ass et esou, dass zu Lëtzebuerg - héichgerechent op eng Millioun, well een dat ëmmer muss mat anere Länner vergläichen - d'Neiinfektiounen bei 150, 153 leien. Mir leien domat iwwert dem EU-Duerchschnitt, dee bei

126 ass. Däitschland läit bei 100, Ungarn bei 73, Portugal bei 65, Frankräich bei 58, mir bei 153. Just fir ze wëssen, wou mer proportionell am Kader vun deem, wat an anere Länner geschitt, dru sinn. Eis Reproduktiounsziel ass 1,14. Elo kann een dat, wéi de Mars Di Bartolomeo dat gemaach huet, nuancéieren, mee si ass ze héich momentan.

Mir hunn eng déif Stierflechkeetsrat. Mir hunn och eng déif Spidolsbesetzung. Mir si mat den Tester staark erogaange vun deem Moment un, wou mer den LST net méi gemaach hunn. Par contre, wann een awer kuckt am Vergläich zum Ausland, déi ni den LST haten, teste mer momentan manner wéi England, Frankräich, Irland, Portugal, just fir den Tableau komplett ze maachen.

Wat heescht dat, deen Tableau? Dat heescht, dass mer momentan awer relativ stabil sinn an eisen Infektiounszele säit den zwee leschten Texter.

Bis elo - an an där leschter Ried kann ech mech gutt erënneren, et gesot ze hunn - si mir stabil bliwwen. Dat ass am Fong positiv, dass mer stabil bliwwen sinn. Mee ech soen awer ganz kloer: Haut kann een dat net méi esou soen! Mir sinn haut an enger Phas, wou et net drëm geet ze stabiliséieren, mir sinn haut an enger Phas, wou et drëm geet, d'Zuelen erofzekréien an net, se stabil op deem Niveau ze halen, wou se sinn.

Wann ee kuckt, wat a Frankräich geschitt ass zum Beispill: Vum August bis elo si se vun 376 Infektiounen - op eng Millioun - op 58 erogaangen - vun 376 op 58! -; an Italie vun 105 op 43; a Portugal vun 250 op 65; a Spuenie vun 340 op 32. Mir si vum August u vu 75 op 150 erogaangen. Dat heescht, mir hunn eis a partir vum September méi oder weiniger bei 150 stabiliséiert. Do, wou aner Länner erogaange sinn, si mir net erogaangen. Dat ass eis net gelongen.

Eng Chambre professionnelle seet dann och: „Firwat kommen elo déi Moossnamen? Mir hunn eis jo stabiliséiert.“ Meng Äntwert ass ganz einfach: Déi Moosname musse sinn, oder eng Rei Moosname musse sinn - an do kommen ech duerno drop zrëck -, well mer nach net do si mat den Infektiounszuelen, wou mer misste sinn, fir dass d'Gesondheetssituatioun sech stabiliséiert. An, wéi gesot, eis Situatioun ass an deem Moment net akzeptabel. An duerfir ass d'Regierung obligéiert, Moossnamen ze adoptéieren. Bis dohinner, gutt.

Dann ass meng Fro: Wouduerch kënn dann déi Situatioun, an där mer elo hei dra sinn? Eisen Impftaux ass haut net do, wou e misst sinn. Dat ass a mengen Aen awer och ganz kloer. Portugal läit bei 88 %, Spuenie bei 81 %, Frankräich bei 75 %, d'Belsch bei 74 %, mir bei 65 % oder 66 % - allkéiers, wann s de et kucks op d'Gesamtpopulatioun, fir et ze vergläichen. An déi aner Länner sinn op déi selwecht Zuele gekuckt. Mir leien do och ënnert der EU-Moyenne. Schlecht Resultater an der Impfung, ënnert der europäescher Moyenne, an Impftaux an Infektiounszele sinn enk matenee verbonnen, dat ass an eisen Ae ganz kloer.

Dann ass d'Fro: Firwat ass deen Impftaux zu Lëtzebuerg dann esou déif? Wisou si grouss Ennerscheeder tëschent de Länner? Wisou ass et méiglech, dass a Portugal 88 % vun de Leit geimpft sinn a bei eis en Impftaux ass, wou 65 % vun de Leit geimpft sinn? Dat ass jo awer e groussen Ennerscheid tëschent de Länner. Wou kënn deen hier? A firwat leie mir ënnert der europäescher Moyenne?

Ech mengen, et ass mol net, well mer technesch schlecht organiséiert waren. Mee ech soen et ganz kloer - ech hunn dat och schonn dobaussen zum Ausdrock bruecht -: Ech mengen, dat ass, well d'Regierung laang Méint keng uerdentlech Impfcampagne gemaach huet.

(Brouhaha)

Säit Oktober ...

(Brouhaha)

Ech erkläre mech, ech erkläre mech och. Säit Oktober d'lescht Joer wousste mer, dass am Dezember géifen Impfstoffen kommen. Do ass näischt gemaach ginn! Säit Oktober hu mer op dëser Tribün - an an all Ried, déi ech hei gehalen hunn, sinn déi Sätz dran - kloer an däitlech gefrot, dass eng uerdentlech Impfcampagne soll gemaach ginn. Et ass eréischt am Februar lues a lues ugefaange ginn, eng Campagne ze maachen. Bis dohinner ass Rumeuren, falschen Informatiounen, Hallefwouechten an Zweifel d'Feld iwwerlooss ginn an d'Rumeure si fräi zirkuléiere gelooss ginn.

An ech mengen, mir hunn déi Rumeuren all héieren, ech sinn oft drop ugeschwat ginn: „Wéi ass et, wann s de geimpft bass? Ech passen op, well dann, wann ech geimpft sinn, kann ech eventuell keng Kanner méi kréien.“ „Ech si méintelaang midd duerno, wann ech geimpft sinn.“ „Se hëllef guer näischt, d'Impfungen, well elo nei Varianten do sinn an déi Impfungen, déi mer kréien, hëllef näischt géint déi Varianten.“ Oder: „Eng Impfung, deen hei Impfstoff oder deen aneren Impfstoff, déi kënnen schwéier Krankheeten entwéckelen.“ Alles dat si Rumeuren, déi entstane sinn, déi am Fong de Leit

verständlecherweis Angscht virun der Impfung gemaach hunn. An et sinn an deene Méint keng uerdentlech Explikatiounen vun der Regierung komm, op jidde Fall keng Explikatiounen, déi bei de Leit eriwierkomm sinn.

An de Staatsminister huet dat de leschten Donneschden a senger Ried zum État de la nation d'ailleurs nach confirméiert: Hien huet gesot, dass d'Regierung an deene Méint Oktober, November, Dezember, Januar oder Oktober, November, Dezember keng Campagne wollt maachen, well d'Regierung estiméiert huet, dass et ze fréi wär, fir eng Campagne ze maachen. Dat sinn net ech, deen dat gesot huet! Dat war viru fënnef Deeg de Staatsminister, hei op där selwechter Plaz, dee gesot huet: „Mir woussten net, ob mer genuch Impfstoff géife kréien. Mir wollt keng Versprieche maachen, déi mer net kéinten halen.“ Dat ass eng Argumentatioun, déi nach repetéiert ginn ass virun e puer Deeg an déi och sengerzäit vun der Gesondheitsministesch a vum Staatsminister gesot gi war.

De Problem bei där ganzer Geschicht, dat ass, dass dat am Fong dauernd verwiesselt gëtt, déi Campagne, déi gemaach gëtt, fir d'Leit ze incitéieren, sech direkt elo impfen ze goen, wat e prezisen Typ vu Campagne ass, an déi Explikatiounscampagne iwwert d'Impfen en général, firwat et gutt ass, firwat et sënnvoll ass, firwat een et soll maachen, wat zwee verschidden Typen vu Campagne sinn. An et hätt strictement näischt an eisen Aen empchéiert, dass d'Campagne vun den Explikatiounen doriwwer, wat d'Impfen ass, wéi et soll goen, wat d'Benefisser dovunner si respektiv wéi een dorunner soll erugeen, weesentlech méi fréi ugelaft wär.

Eng däitsch Etüd seet, dass bei de Leit, déi sech net wëllen impfe loossen, eng relativ geréng Zuel kategoresch Impfegéigner sinn, déi am Fong einfach net wëllen, well se géint d'Impfung sinn, an dass déi aner Leit, déi sech net wëllen impfe loossen, ganz vill Froen hunn, och Ängshten hunn, och Suergen hunn. An ech muss soen: Dat verst mer! Et ass jo och keen innocent Gest, fir dat ze maachen. An ech mengen, dass een duerfir mat enger Explikatiounscampagne - net mat enger Opfuederungs-campagne: „Ma gitt lech impfen!“, mee mat enger Explikatiounscampagne - geziilt un déi Leit muss erugeen, fir hinnen ze explizéieren, wat de Gest Impfen ass, wat e fir Implikatiounen huet a wat en och gesondheetsméisseg heescht. An och spezifesch un d'Zilgruppen erugeen, zum Beispill opgedelt op déi verschidden Alteren, well d'Reaktiounen an d'Äntwerten, déi ee muss ginn, si ganz aner, wann et jonk Leit oder eeler Leit sinn. Anescht och erugeen u verschidde Beruffsgruppen, well d'Erausfuederungen u verschidde Beruffsgruppe spezifesch anerer si bei där enger Beruffsgrupp wéi bei där anerer. E verschidde Erugeen och un d'Nationalitéiten, wou och anescht reagéiert gëtt, wou och bei der Sprooch ganz aner Besoinen do si bei där enger Grupp wéi bei där anerer.

Ech soen, dass et weesentlech méi sënnvoll gewiescht wär, eng Pressekonferenz manner ze maachen, wann een déi ersat hätt duerch eng uerdentlech an eng richtig Explikatiounscampagne no baussen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - An dann och op déi Froen äntworten, déi d'Leit sech stellen. An dat ass och net ëmmer einfach. An et sinn haut nach eng Rei Froen, déi een onsécher maachen.

Ech ginn lech e puer Beispiller.

Dat éischt Beispill, dat ass, dass am Ufank gesot gouf: „Wann Der krank sidd oder wann Der lech impfe gelooss hutt, dann hutt Der vill Anticorpsen, a wann Der vill Anticorpsen hutt, da sidd Der am Fong geschützt. A bei deem enge kommen, deemno wéi, méi Anticorpsen, wann e geimpft gëtt, wéi bei engem aneren.“ Dat huet jo och jiddwerengem ageleecht. Dat war dann d'Explikatioun.

D'Fro war nach: „Wéini ass ee geschützt? Wéi héich mussen déi Anticorpsen sinn?“ Do konnt ee keng Äntwert ginn, well dat wëssenschaftlech net richtig gewosst war. Mee et ass emol gesot ginn: „No sechs Méint lafen d'Certificaten of, wann Der krank waart, sechs Méint no der Krankheet.“

Elo ass dann d'Fro, déi vill Leit haut nach froen: „Mee ech war krank an ech hunn awer nach vill Anticorpsen, firwat gëllt mäi Validitéitszertifikat do dann net méi?“ Da kann een natierlech d'Äntwert ginn: „Mee dat ass, well et europäesch esou festgesat ass.“ Oder et kann een och explizéieren, firwat et esou ass. Elo kréien d'Leit dann eng ganz aner Explikatioun wéi déi vun den Anticorpsen. Elo gëtt de Leit gesot: „Mee d'Anticorpsen ginn am Fong net duer, well Dir musst och eng Immunité cellulaire hunn.“ Sou, fir d'éischt ass dat Eent gesot ginn, dann ass dat Anert gesot ginn. Et ass natierlech schwierig, dat Ganz ze verstoen. Mee et ass awer och logesch, dass d'Leit onsécher sinn, wann d'Explikatiounen net kloer sinn a wann hinnen dat net uerdentlech erkläert gëtt.

Elo kann een natierlech ëmmer soen: „Dat do ass vill ze vill schwierig, fir dass d'Leit dat solle verstoen!“ Ech soen: Wann een de Leit dat uerdentlech





erkläert, si se och kapabel, esou Saachen ze verstoen an ze akzeptéieren. Et ass dann, wann een et net erkläert, wou Onsécherheeten opkommen.

Eng aner Ausso - an d'Aussoen, déi changéieren -, dat ass zum Beispill déi: Mir kruten nach e Bréif geschriwwen an der Chamber, dee seet: „Wann Dir lech elo fir d'Grippenimpfung wëllt mellen, da musst Der awer oppassen, datt Der net 14 Deeg virdu an net 14 Deeg duerno och eng Covid-impfung kritt.“ Dat krute mer offiziell matgedeelt. Elo kréien dann d'Leit offiziell matgedeelt, datt se am Fong, wa se bei den Dokter ginn, solle wannechgelift déi zwou Impfungen direkt zesummen huelen. Ech verstinn, datt dat och an der Zäit vläicht changéiert an och d'Explikatiounen. Mee wann een dann net hannendrun erkläert, firwat et elo anescht ass, wéi et virdu war, da bréngt een natierlech d'Leit an Onsécherheet eran, well ee fir d'éischt dat Eent seet an da seet een dat Anert. An da froen d'Leit sech: „Wat ass dann elo richtig? Wiem soll ech gleewen a firwat ass dat anescht?“ Dat ass komplizéiert, mee déi Explikatiounen mussen kommen, ansonste gëtt lech net geglëeft.

En anert Beispill vu Kommunikatioun, déi schwiereg ass. Ech krut, wéi warscheinlech vill Leit, virun e puer Deeg e Bréif heemgeschéckt vum dem Ministère de la Santé oder vun der Regierung an dësem Fall, dee mer seet: „Wann s de nach net geimpft bass, da géi dech wannechgelift elo direkt impfe loosse!“ Ok. Da soen ech: „Majo, firwat hutt Der mer dee Bréif geschéckt? Ech war krank, ech si souwisou zweemol geimpft.“ A vill Leit, notament eeler Leit, soe mir dann: „So, muss ech mech dann elo nach eng Kéier impfe loosse? Ech war dach geimpft.“

Ech weess, dass den Text och ganz kloer ass, esou wéi en hei steet. Mee ech wëll lech just soen: De Fait, datt Der jiddwerengem, och deene Leit, déi net méi brauche geimpft ze ginn, awer nach e Bréif schéckt, bréngt grouss Onsécherheet bei de Leit, déi net richtig wëssen, wou se dru sinn!

Elo sot Der mer, et wär net méiglech gewiescht, aus RGPDS-Grënn warscheinlech, fir just déi unzeschreiwene, déi net geimpft sinn. Ech soen lech: Et wär, wa mer eis eng gesetzlech Erlaabis geholl hätten, duerchaus méiglech gewiescht, fir déi Fichieren ze benotzen, fir d'Leit geziilt unzeschreiwene! Mir hunn oft hei Texter gestëmmt, wou mer eis duerchaus déi Erlaabis do hätte kënnen draschreiwene an dee Moment och eng Rei Onsécherheeten hätte kënnen vermeiden.

A genau dat selwecht seet d'ailleurs d'Mënschrechtskommissioun: D'Mënschrechtskommissioun, wann Der den Avis liest, seet ganz kloer, datt déi dauernd ännernd Informatiounen Problemer gestallt hunn, datt déi inadequat Kommunikatioun Retizenze mat opgebaut huet. A si freet sech och, ob d'ganz Populatioun iwwert déi Kommunikatioun, déi d'Regierung gemaach huet, errecht gi wär. Si seet genau dat selwecht, wéi ech virdu gesot hunn: Et hätt ee sollen, et hätt ee missen independent Experten asetzen, fir Explikatiounen - kredibel Explikatiounen - eriwwerzebréngen. Dat hätt e ganz aneren Effekt gehat wéi déi repetitiv Pressekonferenzen, déi zum Schluss net méi nolauschterbar waren, déi och net méi nogelauschtert gi sinn a wou d'Messages net méi eriwwerkomm sinn.

An niewent deene Problemer vu Kommunikatioun, wëll ech soen, kréien ech och an deene leschten Deeg vu ville Gemenge matgedeelt um Terrain, datt esou munches net geklappt huet.

Do stelle sech Froen: Firwat déi verschidden Testzenteren am Norden an am Süden am August zougemaach hunn an dann elo eréischt opmaachen, wou d'Drénglechkeet vun der Situatioun grouss ass. Firwat déi Schoulcampagne, déi gemaach gëtt an de Schoulen, déi mir a priori begrëissen, eréischt elo de 15. Oktober ufänkt, anstatt datt se de 15. September schonn ugefaangen hätt. E Mount Verspéidung! Firwat mer d'Impfbussen, déi par ailleurs e grouse Succès sinn, net méi asetze respektiv firwat mer der net méi hunn. Well vill Gemengen Impfbusse froen, wa se Manifestatiounen hunn, an da refuséiert kréien, well kee méi disponibel ass! D'Stad Lëtzebuerg huet d'ailleurs selwer en Impfbus organiséiert a fiert mat deem bei den Evenementer an der Stad op déi Plazen, wou et muss sinn.

Verschidde Gemengen hu selwer Testzenteren niewent deene vum Staat gemaach, wollten och deelweis Impfzentere bei hir Testzentere maachen, kruten awer do keen Appui vun der Regierung, wat ech och richtig problematesch fannen. D'Gemenge reklaméieren, och aner Gemengen, datt se keng oder wéineg Informatiounen kruten, notament, wann Duerchbréch waren an hire Gemengen; do ware si wierklech net déi éischt Informéiert a konnten och net esou reagéieren, wéi se hätte wëlle reagéieren.

Vill Gemengen - dat ass op jidde Fall den Echo, deen ech haut kréien - fille sech eleng gelooss, kréie keng Hëllef a sinn äusserst enttäuscht.

Ech deposéieren dann och hei eng Motioun, Här President, iwwert déi ganz Informatiounscampagne, iwwert d'Impfbussen an iwwert dat, wat mer an deem Kontext froen.

### Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que la vaccination est le moyen le plus efficace de prévenir les maladies infectieuses comme celle liée au Covid-19 et ainsi d'éliminer le risque d'épidémie dans la population ;*

- *notant ainsi le besoin de vacciner une proportion très importante de la population pour revenir à une vie normale tout en ayant une situation hospitalière acceptable ;*

- *considérant la nécessité de vacciner au moins 80 % de la population afin d'atteindre une immunité collective ;*

- *notant que le Luxembourg est actuellement toujours loin de cette cible, que les chiffres des personnes ayant reçu le vaccin contre le Covid-19 ont stagné ces dernières semaines et que le taux de vaccination se situe sous la moyenne européenne ;*

- *rappelant nos motions antérieures soulignant l'importance capitale d'une stratégie de vaccination ambitieuse incorporant une campagne de communication ciblée pour créer un climat sociétal de confiance envers les vaccins afin de sortir rapidement et durablement de la crise du Covid-19 ;*

- *constatant que la campagne de sensibilisation à la vaccination entreprise n'a pas suffi à créer un climat de confiance envers les vaccins contre le Covid-19 pour atteindre une immunité collective,*

invite le Gouvernement

- *à déployer d'avantage d'équipes mobiles en « Impf-bus » et à mobiliser ces derniers à plus haute fréquence, et ce dans tout le pays ;*

- *à étendre la possibilité de se faire vacciner après 19.00 heures le soir en semaine ainsi que durant les week-ends entiers, ceci avec le but de rendre la vaccination le plus simple possible pour les citoyens ;*

- *à cibler les personnes encore hésitantes à se faire vacciner par une campagne de sensibilisation à grande échelle, explicative et non culpabilisante, afin de gagner la confiance des citoyens concernés.*

(s.) Claude Wiseler, Nancy Arendt épouse Kemp, Léon Gloden, Gilles Roth, Marc Spautz.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat Ganzt setzt d'Regierung haut an eng Situatioun, wou méi strikt Moossname musse geholl ginn. Et geet zu Lëtzebuerg net anescht an dësem Moment, an engem Moment, wou aner Länner wéi Dänemark, Portugal, Norwegen a Schweden amgaang sinn, genau deen anere Wee ze goen, amgaang sinn, méi opzemaachen.

Et geet haut zu Lëtzebuerg net anescht. Mee datt et net anescht geet, dorun huet d'Regierung och e groussen Deel u Responsabilitéit. D'Regierung proposéiert, elo de CovidCheck-System an d'Gesetz anzeschreiwene fir d'Aarbechtswelt. Dat hu mir och virun engem Mount hei ugeschwat, wéi mer Covid-Check an Aarbechtswelt ugeschwat hunn, wéi mer awer och iwwert d'Obligation d'information an deem selwechte Proporz geschwat hunn. Déizäit ass gesot ginn, et wär net néideg, dat an d'Gesetz anzeschreiwene.

Den Här Kersch huet dat d'ailleurs och nach repetéiert de leschten Donneschen an eiser Kommissiounssézung. An elo schreiwene mer et awer an d'Gesetz an an et gëtt gesot: „Mir schreiwene et just dran, fir Kloerheet ze schafen!“

Wësst Der, ech soen lech éierlech, dat ass erëm esou eng Saach. Wéi ass et dann elo? Esou oder anescht? Mir wëssen et net richtig. Mir mengen, datt et net misst drageschriwwene ginn, mee vläicht schreiwene mer et awer dran. Mir maachen et elo mol a wann duerno eppes geschitt, mussen d'Gerichter entscheeden, wat richtig oder wat falsch ass.

Ech soen lech: Eis Analys ass ganz kloer! D'Gesetz, wéi et haut ass, gesäit vir, datt de CovidCheck méiglech ass bei Établissements accueillant un public, bei Rassemblement, bei Manifestatiounen a bei Evenementer, dat heescht, bei punktuellen Evenementer an net um Lieu de travail, repetitiv. Et ass zwar am Gesetz net verbueden, mee wann et contestéiert gëtt, wann e Betrib et gemaach huet, dann entsteet de facto eng Insécurité juridique. Duerfir si mir der Meenung, datt, wann een et wëllt maachen, et kloer muss an d'Gesetz stoe kommen, fir Sécurité juridique ze schafen a fir och d'Rechter vun den Arbeitneemer ze garantéieren.

Mir sinn der Meenung, datt de CovidCheck op der Aarbecht sollt als Méiglechkeet seng legal Plaz an dësem Gesetz kréien. Mee ech soen awer ganz kloer hannendrun: Esou, wéi en elo proposéiert gëtt an dësem Gesetz, beinhalt en eng ganz Serie vu schwerwiegende Problemer! An ech wëll op déi agoen.

Den éischte Problem ass, datt en esou generell gehalen ass, datt et kloer ass, datt sämtlech Responsabilitéit un d'Chef-d'entreprises an un d'Chef-d'administratiounen weidergedréckt gëtt. Et gëtt hinne gesot: „Maacht, wat Der wëllt a wat Dir als Chef d'administration an als Chef d'entreprise als richtig empfand.“ Ech hätt mer gewünscht, datt wierklech an

dësen Text eng ganz Rei Prezisiounen méi géife kommen, notament déi sanitär Prezisiounen, well et mer logesch schéngt, datt de CovidCheck, wann een en enger Entreprise oder an enger Administratioun ass, wou Groussraumbüroen sinn, wou Leit op klengem Raum zu 20, 30, 40 zesummesëtzen an d'Infektionsgefor grouss ass, éischter obligatoresch wär, an datt, wann een Eenzelraumbüroen huet, déi gutt duerchleift sinn, de Problem sech ganz anescht stellt. Alles dat hätt kënnen preziséiert ginn. Datt een och bei Raim, wou Entlüftung sinn, déi gutt funktionéieren, anescht handelt wéi bei Raim, wou dat net de Fall ass. Datt een anescht handelt do, wou obligatoresch physesche Kontakt muss entsto, wéi do, wou Leit schaffen a getrennt sinn.

De Conseil d'État seet d'ailleurs genau dat selwecht ganz kloer. De Conseil d'État seet, datt hei mat dësem Gesetz d'Responsabilitéit op d'Chef-d'entreprises an d'Chef-d'administratiounen gedréckt gëtt, mat sämtleche Konsequenzen, déi dat huet. An de Conseil d'État seet, datt hien der Iwwerzeegung ass, datt d'Regierung déi Responsabilitéit hätt solle selwer iwwerhuelen an net verschiben.

Dat selwecht seet d'ailleurs d'Chambre des Fonctionnaires, déi an der totaler Desapprobation vum dësem Gesetz ass a seet, datt d'Regierung sech hirer Responsabilitéit op dem Bockel vun den Employeuren an de Chef-d'administratiounen dechargeiert, eng kloer Desapprobation, déi se d'ailleurs och baséiert op den Artikel 16 vum Statut général vum Fonctionnaire, wou all Examen médical am Interêt vum Service muss ordonéiert gi vum Ministre de la Fonction publique oder vum Ministre du ressort, deemno wellech Administratioun et ass, an net vum Chef d'administration.

D'Patronat seet, mat der Fieder vun der Chambre des Métiers, datt dat hei en extreem flouen Text ass, „qui met en danger le système“, schreiwene se an aller Däitlechkeet dran. A sämtlech aner Gewerkschaften soe méi oder wéineger dat selwecht. An deen Dialog, deen hei entstanen ass an deene leschten Deeg iwwert dëst Gesetz, ass just als Farce ze consideréieren. Dat soen net ech, dat soe vill déi Leit, déi concernéiert waren, well keng richtig Diskussioun entstanen ass. An d'Regierung huet et fäerdegbruecht, mat dësem Text awer och jiddweree géint sech ze mobiliséieren, ob dat d'Patronat ass oder ob dat d'Gewerkschaften sinn.

Déi Onkloerheet an déi Responsabilitätsverschibung bréngen och eng Rei gréisser juristesche Froen mat sech, zum Beispill, wann de Patron de Covid-Check net aféiert an et entstinn awer Infektiounen a sengem Betrib. Ass en dann, op Basis vu senger Obligation légale de protéger la santé de ses employés, responsabel? Kann e responsabel dofir gemaach ginn oder net? Wat muss e maachen? Wat kann e maachen? D'Gesetz seet näischt. D'Gesetz seet, e kéint dat maachen, wat e wëllt. Mee d'Responsabilitätsfro ass domat net gekläert.

Ëmgedréit, wann de Patron de CovidCheck aféiert iwwerall, och op deene Plazen, wou e manifestement am Fong net gebraucht gëtt, well d'Ustiechungsgefor ganz kleng ass, an et ass e Refus vun den Arbeitneemer do an et geschitt en aarbechtsrechtleche Konflikt do hannendrun, da stellt sech natierlech d'Fro: Wiem seng Responsabilitéit ass et dann? Wéi soll dat juristesche ausgedroe ginn? A mir akzeptéieren, datt soen ech ganz kloer, net d'Ausso, déi dauernd këint: Mee dat mussen d'Gerichter dann entscheeden!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - D'Regierung huet hei e generellen Text gemaach, wou alles méiglech ass, wou d'Responsabilitéit op d'Patronen an op d'Gerichter verschobe gëtt. D'Regierung wëllt näischt méi domadder ze dinn hunn. A fir eis ass esou eng Virgeënsweis net akzeptabel!

Deen zweete Punkt, dat ass deen - an dat hate mer och gefrot - vun der Adaptation vum deem Covid-Check a verschiddene Situatiounen. Mir fannen et normal, datt e CovidCheck kënnt allkéiers, wann eng Manifestatioun ass, esou wéi dat an de leschte Méint d'ailleurs ouni Problem gelaf ass. Mee wann een dat elo an de Betriber aféiert an et obligéiert een d'Leit während zwee Méint - all Dag oder zweemol den Dag, 60- oder 120-mol - dann duerch déi Tester ze goen, jiddwereen, wëssend am Betrib, datt et nëmmen eng Formalitéit ass, da soen ech: Dat ass zwar da legal richtig, mee am Alldag vun den Entrepreneuren ass et awer extreem schwéier duerchzeféieren an extreem problematesch!

An dat selwecht gesi mer d'ailleurs hei an der Chamber, wou mer all Dag duerch de CovidCheck musse goen, wëssend, datt déi meescht vun eis duerchaus hire Certificat fir e Joer hunn. Elo sot Der mer, et wär net méiglech, eng Lëscht ze maachen, well dat diskriminatoresch wär an den RGPD dat net géif erlaben. Mee da géif ech lech bieden - déi Leit, déi dat soen -, datt Der den Avis vun der Commission nationale pour la protection des données eng Kéier liest, well dee bekëmmert sech ëm dee Problem. A bei deem Problem do stellt dee sech fir d'éischt d'Fro, ob de Contrôle quotidien an de Betriber an an den Administratiounen iwwer-

haupt realistesch ass, esou wéi en elo virgesinn ass.

An da seet se hannendrun, wat ee muss hunn, wann ee wëllt esou Lëscht maachen. Si seet: „Mat dem aktuellen Text, esou wéi Dir en elo maacht, ass et selbstverständlech net méiglech.“ An da seet se awer hannendrun: „Wann Der et wëllt maachen, da musst Der ganz kloer eng Base légale ginn, eng Base légale, déi ‚claire et précise‘ ass, wat Der wëllt maachen a wéi Der et wëllt maachen. An Dir musst déi Applikatioun ‚prévisible pour les justiciables‘ maachen, conformément zur Jurisprudenz vun der Europäescher Unioun a vun der Cour de justice des droits de l'homme.“ Dat heescht, d'Commission nationale pour la protection des données seet lech ganz kloer, wéi Der et hätt solle maachen.

An ech soe ganz kloer: Mir haten elo dräi Texter, wou mer iwwert de CovidCheck geschwat hu respektiv wou mer e gestëmmt hunn. Do wär sécherlech d'Chamber dermat d'accord gewiescht, wann Der an deem Text gefrot hätt, fir kënnen esou eng Praxis ze maachen a fir dann erëm d'Liewen an den Entrepreneuren weesentlech méi licht ze maachen.

Drëtte Punkt. Eng ganz Rei aner juristesche aarbechtsrechtleche Froen stelle sech, an déi huet de Conseil d'État a sengem Avis opgezielt. Ech erfanne se elo net, ech widderhuele se just.

Dat ass beim Refus d'accès: Wat geschitt dann? Dat ass beim Refus de passer le test: Gëtt dat als Refus d'ordre consideréiert, jo oder neen? Dat ass beim Renvoi à domicile: Ass dat, wéi wann een e Congé géif accordéieren? Gëtt de Congé imputéiert op de Congé annuel? Oder ass et ze consideréieren wéi eng Libération de service? Wéi ass et mat der Protektioun géint de Licenciement? Wat sinn d'Konsequenzen vum Refus? An et geet an eisen Aen net, fir einfach ze soen: De Patron decidéiert an den Tribunal kuckt dann, ob e richtig oder falsch läit! Dat ass, wéi gesot, nach eng Kéier, eng inakzeptabel Haltung vun der Regierung.

Genau dat selwecht gëllt fir d'Fonction publique, just datt do den Tribunal vun den disziplinaren Instanzen vun der Fonction publique ersat gëtt. A priori kann de Refus e Licenciement bedeuten oder kann zu enger Revocation an der Fonction publique féieren. Wann ech éierlech sinn, muss ech soen, datt dat awer a mengen Ae schwierig akzeptabel ass an haaptsächlech, wann den Autotest virun der Aarbecht net méi valabel ass a wann een aner Tester selwer muss bezuelen. Et ass eng schwierig akzeptabel Situatioun, an d'Antwort: „Et kann ee sech jo gratis impfe loosse“, muss ech soen, ass awer a mengen Aen e bësse kuerz gegräff.

Am Horeca-Secteur féiert Der eng Obligation an, fir de CovidCheck-System bannen zur Normalitéit maachen ze loosse, dat heescht, kee Choix méi ze hunn. Dat licht eis an. Zumindest licht et eis an ënnert dem CovidCheck-Regimm, deen an de Gesetze virdu war. Well haut hutt Der de CovidCheck-Regimm geännert, an ech kommen nach eng Kéier dorobber zrëck. An aner Länner ass dat d'ailleurs schonn esou. An ech hunn d'Impressioun, wann de CovidCheck gutt duerchgeféiert ass, datt dat och fir Horeca-Betriber ka positiv sinn, well d'Clienten sech rassuréiert fillen.

Mee ech soen awer och do, datt mir froen, datt d'Regierung e ganz enke Suivi mécht vun de Betriber a kuckt, wéi déi Situatioun evoluéiert, an noutfalls och Hëlfe zur Verfügung stellt fir déi Betriber, déi ënnert dësem Regimm nach Schwierigkeeten hunn, well ech mengen, datt dat absolut noutwendig ass.

Eng weider Fro, déi sech stellt a mengen Aen, notament am Kontext vun der Aarbecht a vun der Obligation vum CovidCheck op der Aarbecht, dat sinn awer déi grouss Changementer, déi Der am CovidCheck an dësem Gesetz maacht. Well Covid-Check virun zwou Wochen a CovidCheck an dräi Wochen ass eppes total aneres, well fundamental zwou Saachen geännert hunn: Dat ass éischters, datt déi onzertifizéiert Selbsttester ewechfalen, gekoppelt mam Fait, datt jiddwereen elo déi Selbsttester respektiv Tester am Allgemengen muss bezuelen. Dat ass awer eng grouss Ännerung par rapport zu deem, wat virun engem oder zwee Méint lass war. Dat ass eng zolidd Verhäertung vum Covidtest (veuillez lire: CovidCheck) mat der Zilsetzung - an d'Regierung seet et selwer -, Drock auszeüben, fir datt méi Impfungen solle kommen.

Mir fannen et haaptsächlech problematesch op der Aarbechtsplaz a mir wëssen net, ob dat eis an den Impftauxen iwwerhaupt an den nächste Méint weiderbréngt. Et accentuéiert an eisen Aen déi aarbechtsrechtleche Froen an et diskriminéiert och déi-jéineg, déi souwisou elo scho sozial Problemer hunn. Well wann ee rechent, mécht dat fir zwee Leit, déi zwee PCR-Tester d'Woch maachen, wa se an enger Koppel sinn - an e PCR-Test kascht elo 59 Euro -, 944 Euro de Mount aus. Dat si vill Suen, 944 Euro de Mount zousätzlech fir Tester. An da kënnen déi eng sech dat leeschten an déi aner hu wierklech Schwierigkeeten, sech dat ze leeschten. An doraus entsteet an eisen Ae ganz kloer eng Diskriminatioun.





Mee och hei erëm ass et esou: De Staat, deen hält sech aus deem Ganzen eraus. An d'Realitéit, déi dobausse wäert entstoen an den nächste Wochen oder Méint, dat wäert déi sinn, datt verschidden Entreprises den Test wäerte bezuelen, aner Entreprisë wäerten hir Leit um Test participéiere loossen, aner Entreprisë wäerten net bezuelen, verschidde Gemenge wäerten och an Zukunft nach gratis Tester oder Tester zu ganz gënschtege Präisser zur Verfügung stellen. Dat heescht an der Realität: Déi eng kréien e gratissen oder e bëllegen Test, déi aner kréie keen. Dat gött vill Duercherneen dobaussen. Dat gött Onzefriddenheet dobaussen. Vill Sträit a vill Duerchernee ginn heimat produzéiert. An do mengen ech, datt sécherlech verschidde Méiglechkeete gewiescht wäeren, fir deem besser ze begéinen.

En anere Problem, dee sech stellt, dat ass een, dee mir elo selwer geschaaft hunn duerch de Fait an duerch déi Diskussioun, déi mer hate beim Conseil d'État: De CovidCheck an den Administratiounen. Et gött gesot - a mir hunn dee Saz bäigefüügt an ech verstinn deen och, well d'Administratioun muss op si fir déi grouss Moosssnamen, also fir déi grouss administrativ Akten a Gesteen, déi musse gemaach ginn -, datt een de CovidCheck net a Guicheten aféiere kann. Dat liicht mer jo d'un point de vue administratif an. Ech soen awer hannendrun: Et ass awer a priori déi exposéiertst Plaz, gesondheetstechnesch gekuckt, do, wou vill Leit erakommen an do wou vill Echängë sinn! Dofir mécht dat zwar Sënn administrativ, mee gesondheetstechnesch ass et duerchaus méi problematesch. Duerfir meng Fro: Ech hätt et do äusserst sënnavoll fonnt, wa mer op deene Plazen nach weiderhin hätte kënnen gratis Schnelltester oder vereedegt Beamten loossen, fir esou Tester ofzehuelen. Dat hätt d'Sécherheet vun de Leit, déi dohinner ginn, an d'Sécherheet vun deene Leit, déi am Guichet setzen, weesentlech besser geschützt wéi déi Situatioun, déi mer elo esou mat dësem Gesetz schafen.

Deen nächste Punkt, deen ech wëll soen - a meng Zäit leeft fort, duerfir sinn ech ganz kuerz -: Mat där Ophiewung vun der Limitt vun 300 kënnen mer d'accord sinn. D'ailleurs wëll ech soen, datt déi och net ëmmer esou gespilt huet. Ech ka mech erënneren, datt mer am Stadion souze bei der Ouverture vum Stadion, do war eng Limitt vun 2.000 gesat. Déi ass och respektéiert ginn. Just, wéi mer dobanne waren, souzen all déi 2.000 Leit op enger Tribün an déi aner dräi Tribüne waren eidel. A mir souzen extreem no beieneen. Dat war zwar absolutt reegelkonform, mee ech soen dat ganz kloer: Et huet a mengen Aen net vill Sënn gemaach, fir et esou ze maachen, well mer aner Méiglechkeete gehat hätten!

Duerfir soen ech, datt déi do Zuelen - déi 300 an déi 2.000 - fort si respektiv anescht organiséiert ginn, dat mécht méi Sënn.

A mäi leschte Punkt, dat ass dee vum Conseil d'État, deen eng Proposition mécht fir den Accès vun de Mineuren zur Vaccinatioun an dee seet, d'Lëtzeburger Regierung soll dat franséisch Gesetz, wat am August 2021 ugeholl ginn ass, och op Lëtzebuerg applizéieren, dat franséisch Gesetz, dat seet, datt d'Mineuren iwwer 16 Joer selwer kënnen decidéieren, ob se wëlle geimpft gi respektiv datt déi Mineuren zwëschen 12 a 15 Joer nëmme méi d'Ënnerschrëft vun engem Elterendeel brauchen, fir datt d'Impfung autoriséiert ass. Dat ass eng ganz einfach Proposition. Déi ass liicht ëmzesetze gewiescht. Déi fonctionéiert a Frankräich. D'Regierung ass net drop agaangen. Mir froen eis, firwat d'Regierung och bei esou einfachen Explikatiounen net wëllt driwwer schwätzen.

Zur Konkusioun soen ech: Mir hunn elo dräimol hannerenee mat Jo gestëmmt, déi hei Texter, och wa mer net ëmmer bei deenen aneren Texter mat all Detail d'accord waren. Mir hu Jo gestëmmt, well d'Richtung gestëmmt huet. A mir hu Jo gestëmmt, fir eis kloerzemaachen, fir en Zeechen ze setzen, datt mer an enger schwieriger Situatioun och der Regierung géifen hëllef wëllen, fir weider an dësem Dossier ze kommen.

Haut ass dat anescht, well eng ganz schlecht kommunikativ Gestüen an deene leschte Méint gemaach ginn ass, eng schlecht kommunikativ Gestüen fir d'Impfung, well Lëtzebuerg ënnert der europäescher Moyenne läit. An enger Zäit, wou aner Länner kënnen opmaachen, musse mir nach méi streng Moosssnamen huelen. An anstatt dann an där Situatioun mat engem präzisen Text ze kommen, kënn d'Regierung mat engem extreem vagen Text, wou se d'Responsabilitéiten einfach op aner Leit wouschiit, dee vill Problemer wäert stellen, dee vill Suerge mat sech bréngen wäert, deen an eisen Aen och diskriminatoresch a sozial ongerecht ass an de Sträit an der Gesellschaft nach méi grouss mécht, an deen och d'Spaltung nach méi grouss mécht.

An duerfir stëmme mer dësen Text mat engem klaren Neen!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

(**Applaudissements**)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Claude Wiseler. An nächsten ageschriwwene

Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleginnen a Kollegeen, wann een an der Politik ass, da muss een all Dag Entscheedungen huelen. Déi eng, déi falen engem méi einfach, anerer falen engem méi schwéier.

(**Brouhaha**)

Zënter dem Ufank vun der Pandemie hunn d'Regierung an och d'Majoritéit an dësem Haus heibannen ëmmer nees schwéier Decisiounen mussen huelen, déi d'Liewe vun all Eenzelnem beaflosst hunn.

Mir hunn eis dat ni einfach gemaach. Mee mir woussten, wa mer se net géifen huelen, mir woussten, wa mer keng Verantwortung géifen iwwerhuelen, da wäeren d'Konsequenze mat Sécherheet vill méi schlëmm gewiescht, wéi se a Wierklechkeet waren.

Kolleginnen a Kollegeen, dräi Véierel vun de Leit iwwer zielef Joer hei am Land si geimpft. Dat bedeit also logescherweis, dass 25 % net geimpft sinn an dass mir och zu dësem Moment nach net kënnen zur Normalitéit zrëckkommen. An Dänemark an a Schwede gesäit dat anescht aus: Den Impftaux an Dänemark läit daitlech iwwer 85 %. Wa mir nees ouni Aschränkunge liewe wëllen, da musse mer och kucken, esou séier wéi méiglech op en änlechen Taux ze kommen. Dat ass d'Zil, an dat vun Ufank un: en normaalt Liewe kënnen ze féieren ouni Aschränkungen an ouni Angscht, an dass mir iwwert de Wanter net nees mussen op méi streng Mesuren zrëckgräifen. Dat Zil erreeche mer nëmmen, wa mer bei den Impfungen virukommen an noleëen.

Duerfir deelen ech och d'Aschätzung vun Här Wiseler net, dass d'Impfcampagne net gutt organisiert gewiescht wär.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Ech wëll drun erënneren, dass mer zäitweis net genuch Vaccinen haten, fir der Demande vun de Leit nozekommen. D'Impfzentere ginn elo erëm eng kéier op an d'Leit kënnen sech do mat oder ouni Rendez-vous impfe loossen. D'Impfe war nach ni esou einfach wéi elo. A jo, mir musse weider sensibiliséieren.

Ech wëll awer ganz kloer soen, dass ech der Meinung sinn, dass ganz vill Informatioun gemaach ginn ass, dass d'Leit ganz vill informéiert gi sinn, dass d'Leit ganz vill Pabeieren och an de Brëfkäschten haten. An duerfir, wéi gesot, kann ech d'Aschätzung vun Här Wiseler net deelen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Jo, mir musse weider sensibiliséieren, an dass déi lescht 25 % männer séier vun der Impfung ze iwwerzeegen wäere wéi déi éischt 25 %, ech mengen, dat war vun Ufank u kloer. An trotzdeem därefer mer elo net labber loossen. An duerfir wëll ech hei ganz kloer eng kéier mäi Respekt a meng Unerkennung ausdrécken un all déi Leit, déi während der ganzer Impfcampagne mat ugepaakt hunn, fir dass mer kënnen esou schnell wéi méiglech de Wee zrëck an d'Normalitéit fannen.

Kolleginnen a Kollegeen, ech mengen, jiddweree vun lech heibanne krut déi lescht Deeg Messagë vu Leit, déi hir Fräiheet, sech net impfen ze loossen, revendiquéieren. A mengem Frëndeskrees a bei Leit, déi mir wierklech ganz no stinn, gött et och Leit, déi sech net wëllen impfe loossen. Ech hu probéiert, ze iwwerzeegen an de Schrëtt zur Impfung mat hinnen ze goen. Verschiddener wäerte sech et iwwerleeën, anerer wëllen nach ofwaarden an nach anerer wäerte sech op kee Fall impfe loossen.

D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei respektéiert de Choix vu jiddwerengem, och wa mir en net onbedéngt deelen an och net onbedéngt kënnen novollzéien. Dat muss jiddweree fir sech selwer wëssen.

Ech sinn awer iwwerzeegt, dass mer keng 25 % Impfgéigner zu Lëtzebuerg hunn. Et gött eebe vill Leit, déi nach zécken. Vill vun hinnen hunn nach vläicht Ängschten a Bedenken an déi musse mir elo mat weiderer Opklärungsarbecht aus dem Wee raumen.

Ech invitéieren déi Leit alleguerten, sech ze informéieren. Lauschtert op d'Wëssenschaft, lauschtert op d'Medezinn, lauschtert op eis exzellent Virologen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Schwätzt mat de Leit, déi sech schonn impfe gelooss hunn, a schwätzt mat Ärem Dokter. Well den Dokter ass jo normalerweis déi Persoun, an déi ee ganz grousst oder dat gréisst Vertrauen huet.

Ech soen awer grad esou kloer hei: Et soll een ophalen, alles ze gleewen, wat op de soziale Medien zirkuléiert! Et soll een ophalen, deenen Hobbyvirologen op Facebook Gehéier ze schafen, well dat Eenzegt, wat déi verkafen, dat ass ee Produit, an dee Produit, dat si si selwer.

Mir mussen eis awer och agestoen, dass mer zu Lëtzebuerg eng kleng - hoffen ech - Minoritéit hunn,

déi sech virun eng Kutsch spane gelooss huet, fir eng ëffentlech Versammlung ze stéieren, déi Hetzen an Haass am Internet verbreet an déi och net dovunner zrëckschreckt, Leit ëffentlech ze bedroen. Si spille mat der Angscht a mam Zweifel vun de Leit. An esou e Verhalen ass fir mech totalement inakzeptabel an och net engem uerdentlechen Debat wierdeg.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Ech muss lech soen, ech si schockéiert. Ech si schockéiert, wann ech héieren, dass Leit soen, Lëtzebuerg wier eng Diktatur. Ech si schockéiert, wann ech Leit héieren, déi sech trauen, eis Impfcampagne an een Dëppen ze geheie mat den däischterste Stonne vun eiser Lëtzeburger Geschichte, mat den däischterste Stonne vun der europäescher Geschichte.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Dat ass net ze akzeptéieren an et ass Zäit, dass d'Demokraten hei am Haus d'Wuert huelen an deene Leit d'Stier bidden!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Kolleginnen a Kollegeen, eng grouss Majoritéit vu Leit iwwer zielef Joer ass geimpft. An déi Leit wëllen net méi op der Aarbecht mam Mask ronderëmlafen. Si wëllen d'Distanzen net méi anhalen. Si wëlle sech och net méi zu all Moment missen d'Hänn wäschen.

Déi grouss Majoritéit, also déi Leit, déi vun Ufank u matgehollef hunn, matgeschafft hunn, sech un alles gehalen hunn, och déi Leit hu Rechter. Déi Rechter, genauso wéi d'Rechter vun de Leit, déi sech net wëllen impfe loossen, musse mer schützen. An dat maache mir och mat dësem Gesetz.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Wann ech héieren, dass an der Fonction publique eng ganz grouss Majoritéit vun de Leit, déi do schaffen, geimpft ass an dass déi Leit zrëck wëllen an hir Normalitéit, dass déi Leit net méi wëlle mam Mask op der Aarbecht sinn, dass déi Leit erëm wëllen no beienee kommen, d'Distanzen net méi wëllen anhalen, muss ech lech soen: Ech fannen dat normal, dass déi Leit dat revendiquéieren, an ech soen et hinnen hei ganz kloer. Déi Leit mat Impfung, déi „schweigende Mehrheit“ dobaussen huet och Rechter an déi Rechter gi mat dësem Gesetz gestärkt.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Kolleginnen a Kollegeen, d'Entwécklung vun den Impfungen géint de Covid-19 huet eis erlaabt, déi negativ Auswierkunge vun der Pandemie op eist gesellschaftlecht Liewen daitlech ofzeschwächen.

D'Lescht Joer ëm dës Zäit war eis Situatioun eng ganz aner: Neiinfektione sinn an d'Luucht geschoss an d'Hospitalisatiounen si méi wéi dramatesch geklommen, souguer bis op eng Limitt, wou mer et bal net méi gepackt hätten. Haut hunn d'Neiinfektione eng liicht Tendenz no uewen, mee den Impakt op d'Spideeler hält sech a Grenzen.

Jo, Kritik kouw op, dass effektiv och geimpfte Leit sech an der Lescht infizéiert hunn. Hei muss een awer virun allem, wéi den Här Di Bartolomeo et gesot huet, d'Inzidenz berücksichtegen. An déi läit bei de Geimpfte vill méi niddreg wéi bei Leit ouni Impfung. D'Impfung erfüllt also hiren Déngscht, andeems mer eng lwwerlaaschtung vun de Kliniken verhënneren an och schwéier Krankheitsverleef ausbleiwen.

Déi nächst Méint mam kale Wieder, bei deem mer eis nees méi dobannen ophalen, wäerten erëm entscheidend sinn. Sollte sech elo nees méi Leit ustiechen, da kann et effektiv sinn, dass mer erëm méi Patienten am Spidol hunn. Da kann et sinn, dass d'Better op den Intensivstatiounen knapp ginn an dass mer och erëm mussen aner Behandlungen verréckelen. Dat géif eis an eisen Efforten zrëckgeheien a mir misste vläicht souguer erëm méi streng Mesuren huelen.

Duerfir ass en héijen Impftaux essentiel an eng gutt Basis fir d'Zukunft, an där mir wëllen oder musse léieren, zesumme mam Virus ze liewen.

Och eng Grippewell ass dëst Joer net ausgeschloss. Déi Grippewell ass d'lescht Joer ausgefall an d'Leit konnte sech net immuniséieren. Dëst Joer besteet also de Risiko, dass d'Gripp kéint méi schlëmm ausfalen. Op dëser Plaz maachen ech gär en Opruff, haaptsächlech un eis eeler a vulnerabel Leit, fir sech géint d'Gripp impfen ze loossen.

Kolleginnen a Kollegeen, wéi scho gesot, hei zu Lëtzebuerg si 75 % vun de Leit iwwer zielef Joer géint de Covid-19 geimpft. Dat geet leider nach net duer. An duerfir gött de CovidCheck ugepasst, fir esou méi Leit ze animéieren, sech iwwert de Vaccin ze informéieren a sech och impfen ze loossen. Mir mussen elo nach méi Leit erreechen, déi zwar net géint d'Impfen u sech sinn, mee déi fir sech selwer nach net d'Entscheidung geholl hunn, de leschte Schratt ze goen, also sech impfen ze loossen.

Vill Leit hunn d'Impfe vläicht och net als Prioritéit gesinn oder si hate vläicht ganz einfach keng Zäit. A wéi d'Zuelen et weisen, hunn d'Annoncé vun der Regierung och hir éischt Friichte gedroen. An de leschten Deeg hunn Dausende Leit sech nees op der Hotline vun der Santé gemellt an et hu sech duebel esou vill Leit impfe gelooss wéi nach déi Woch virdrun.

D'Regierung huet d'Decisioun geholl, de Covid-Check unzepassen a säin Asazberäich ze erweidern. Wéi de Rapportier Mars Di Bartolomeo, deem ech villmools Merci soe fir säin exzellente Rapport, schonn ëmfaassend erkläert huet, wäert an Zukunft den neie CovidCheck iwwerall am Banneberäich gëllen: Restaurants, Caféen, Muséen, Theatern, Discoen, Fitness. Ab dem 1. November wäerten nach just déi zertifizéiert Schnelltester fir de Covid-Check gëllen, déi vu medezinneschem Personal ausgestellt ginn. Dat sinn elo nach zwou Wochen.

Ausnahme besti weiderhi fir d'Schoulkanner. D'Tester, déi d'Kanner an der Schoul gemaach kréien, déi gi jo vum Léierpersonal duerchgefouert an déi kënnen och ausserhalb vun der Schoul fir de Covid-Check gëllen.

Eng weider Adaptatioun, awer eng ganz wichteg, eng Adaptatioun, déi, mengen ech, ganz ville Familljen entgéintkënn, dat ass d'Decisioun, fir d'Alterslimitt vum CovidCheck vu sechs op zielef Joer an zwee Méint eropzesetzen. D'Limitt gouf dohinner gesat, well Kanner ënner zielef eebe net kënnen vaccinéiert ginn. A wa se zielef Joer hunn, hu se zwee Méint Zäit, fir sech ze decidéieren, ob se dat wëlle maachen oder net.

D'Demokratesch Partei begréisst dës Measure, dass eis Kanner, déi nach keng Méiglechkeet haten, sech impfen ze loossen an dowéinst och nach kee Choix, am Alldag net benodelegt ginn an och weider u kulturellen, sozialen a sportlechen Aktivitéiten deelhuele kënnen. Spontan mat de Kanner kënnen an de Musée ze goen, op e Basketballsmaach oder an e Kloterpark bleift also weiderhi fir d'Majoritéit vun de Familljen ouni groussen Opwand méiglech.

Kolleginnen a Kollegeen, dat neit Gesetz gouf aus engem weidere Grond vill a kontrovers an de leschten Deeg diskutéiert. Et geet ëm d'Ouverture fir d'Employeuren, fir de CovidCheck bei sech am Betrib kënnen anzeféieren. Domadder soll nees méi Normalitéit op der Aarbechtsplaz kënnen agefouert ginn a gläichzäitig de beschtméigleche Schutz fir d'Employéé garantéiert ginn.

En Employeur ass fir seng Leit responsabel. Hie muss fir hir Sécherheet suergen. Sollt de Patron, an ech widerhuelen nach eng kéier, sollt de Patron sech fir de CovidCheck decidéieren, da fällt dat an de Beräich vum Aarbechtsrecht mat alle Sanktiounen a Sécherheeten, déi domadder verbonne sinn.

De Choix, de CovidCheck op der Aarbechtsplaz, gött de Betriber net virgeschriwwen. Et ass absolutt fräiwëlleg, wat am Gesetz och net weider preziséiert ass, fir de Betriber esou vill Fräiraum bei der Ëmsetzung ze loossen, wéi se wëllen. Well all Secteur an all Betrib huet nun emol aner Ufuerderungen.

E Betrib ka sech zum Beispill entscheeden, de CovidCheck iwwerall anzusetzen oder just a bestëmmte Servicier. Verschidden Entreprises hu vläicht d'Méiglechkeet, hire Leit den Homeoffice als Alternativ unzibidden oder de Betrib behält déi aktuell Mesuren, wéi en se elo huet. Déi aktuell Mesuren, wéi en se elo huet, kann e bäihalen, dat heescht d'Mask an zwee Meter Distanz. Da muss sech jo zu dësem Moment fir déi Betriber guer näischt änneren.

Mir mussen och bedenken, dass dësen neie Covid-Check fir de Moment just annerhallwe Mount gëllt. Et besteet jo d'Hoffnung, dass mer bis Mëtt Dezember genuch Leit hunn, déi sech entscheet hunn, sech impfen ze loossen, fir dass alleguerten d'Mesuren, déi aktuell en place sinn, nees opgehuewe kënnen ginn.

D'Normalitéit fir jiddereen, dat ass eist Zil. Duerfir gött et och weiderhin, wéi bis elo, de Leit esou einfach wéi méiglech gemaach, fir un de Vaccin ze kommen.

Zanter dem 16. Oktober a bis de 16. Dezember sinn nees zwee Impfzentere op: um Belval an zu Esch (veuillez lire: Ettelbréck). Do kann ee sech mat oder ouni Rendez-vous impfe loossen. Och an de Schoule wäert den Impfbus ënnerwee sinn. Ech wëll lech just soen, dass an de Lycéen an der Alterskategorie 12 bis 19 Joer scho ronn 55 % vun deene Jonke geimpft sinn. Ech fannen, dass dat e staarken Taux ass fir déi Jonk an dass déi wierklech de Wee matginn. Mee och do kënnen mer noleëen.

Och an de Schoule wäert den Impfbus ënnerwee sinn. Et kann ee bei säin Hausdokter goen. Bis ewell goufe bei den Hausdokteren 9.000 Leit geimpft, wéi dat aktuell och vill eeler Leit maache fir hir drëtt Dosis.

Et misst ee sech vläicht iwwerleeën, d'Impfung nach méi no bei d'Leit ze bréngen oder vläicht grad dohinner, wou déi meeschte Leit sinn, wou de





meeschte Passage ass. Ech denken do konkreet un d'Gare hei an der Stad an och un d'Groussgaass. Vlächicht och an déi Gemengen, an deenen den Impftaux am niddregsten ass, falls et do Donnéeën dozou gëtt. Ech hunn där keng.

D'Vaccine géint de Covid-19 sinn elo säit bal zéng Méint am Asaz. Et goufen iwwer 2,7 Milliarde Leit weltwäit geimpft. De Vaccin ass sécher. D'Vaccine sinn eng vun de gréissten Errungenschaften vun der Medezinn an ech mengen, dat sollt mer net vergiessen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Här President, Kollee-ginnen a Kollegen, mir liewen an enger Demokratie an do gëllt nun emol de Wëlle vun enger Majoritéit. An d'Majoritéit hei am Land ass geimpft a wënscht sech Normalitéit, eng Normalitéit, déi mir erméigleche wëllen, ouni awer e Réckfall an eng nei Infektiounswell ze riskéieren. De Leit bleift de Choix iwwerlooss. Dëst Gesetz féiert keng Impfflicht an, mee et ass wuel vun eiser Säit e ganz kloert Bekenntnis fir d'Impfung, déi mir als eenzege Weeeraus aus der Kris gesinn.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- D'Zil ass kloer: minimum 80 % geimpfte Leit bis den hallwien Dezember. Dat versiche mir, mat Hëllef vun dësem Gesetz ze erreechen. Wéi och an de leschten 18 Méint läit de Verlaf an den Ausgang vun der Pandemie an der Verantwortung vun all Einzelne.

Ech ginn heimadder den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zum virleienden Text an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

*(Exclamation à la tribune)*

*(Brouhaha général)*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. Ech soen dem Här Gilles Baum Merci an ech bieden d'Leit op der Tribün, roueg ze sinn, soss muss ech direkt soen, datt déi musse goen, an dat ass och amgang ze geschéien. Merci villmools.

*(Brouhaha général)*

Här Georges Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Här President, Dir hutt de Gest net gesinn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Nee, deen hat ech net gesinn.

■ **Une voix.**- Allerhand!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Ech hu probéiert, eng respektvoll Ried ze halen, ...

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- ... déi déi zwee Lageren, déi Leit, déi sech geimpft hunn an déi Leit, déi nach net geimpft sinn oder déi sech net wëllen impfe loos-sen ... Ech hu probéiert, eng Ried ze halen, an där ech déi Leit net géinteneen opbréngen. Ech probéieren, se beieneen ze bréngen. Ech fannen dee Gest, deen do uewe gemaach ginn ass, total deplacéiert!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Total deplacéiert!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Grad wéi de Verglach mam Hitler.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Baum. An elo huet den honorabelen Här Georges Engel d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech hei absolutt dem Gilles Baum uschlësse bei deem leschte Saz, deen e gesot huet. Ech fannen dat och absolutt deplacéiert an ech fannen och net, dass den Émgang deen heite sollt sinn. Ech hoffen, dass dat vun der Majoritéit do uewen op alle Fall emol gedeelt gëtt, wat ech elo grad gesot hunn.

Merci dem Mars Di Bartolomeo fir säin 23. Rapport an dëser dach schwiereger a komplexer Matière. De Claude Wiseler huet virdrun iwwer verschide Saache geschwat, wéi ee mat T-Zellen a mat Anticorpsen a mat L-Zellen a mat där komplexer Matière vun der Immunitéit muss ëmgoen. Ech mengen, dass dat Ganzt e ganz schwieregt Thema ass. Wa mer hei nach musse wëssenschaftlech Discourse féieren, wéi een domadder muss ëmgoen, wann dat muss an der Chamber gemaach ginn, wann dobaussen d'Dok-teren et emol net fäerdegréngen, d'Leit ze iwwer-zeegen, dann, mengen ech, weist dat, wéi schwiereg deen Exercice ass.

A bei eppes heibanne si mer eis alleguerten eens, Dir Dammen an Dir Hären: Mir wëllen alleguerten net méi, dass dee Virus eist Zesummeliewe beanträchtegt. A mir kënnen net éiweg déi aktuell Restriktiounen Mount fir Mount ëmmer weider verlängeren. Mir brauchen och keng, wéi de Claude Wiseler et gesot huet, Stabiliséierung, mee mir mussen d'Infektiounszuelen erofkréien. Mir wëllen d'Spideeler net weider iwwerlaaschten. An duerfir ass eng Léisung do, ech soen et ganz kloer, an der

Form vun der Impfung. An et ass och déi eenzeg Léisung.

Et ass hei scho gesot ginn: Mir hunn am Moment genuch Impfmateriel fir jiddwereen an d'Leit, déi sech wëllen impfe loos-sen, kënnen sech souguer hire Vaccin eraussichen. Do kann et net sinn, dass mir weiderhin nach musse Restriktiounen maachen, well net jiddwereen, dee geimpft ka ginn, bereet ass, säin Deel zur Léisung bäizedroen, an domadder eng Majoritéit vu Leit, déi sech impfe gelooss huet, och direkt oder indirekt mat betraff ass.

D'Demokratie ass u sech eppes ganz Schéines an d'Demokratie muss och vill Saachen aushalen. Se muss och eng Demonstratioun vu 4.000 Leit aushalen, déi ech als Mënsche respektéieren, absolutt, an deenen ech an der grousser Majoritéit och Merci soe fir hir Rou an och dofir, dass déi Demonstratioun ouni Gewalt a friddlech iwwert d'Bün gaangen ass.

Deene 4.000 Leit, déi demonstréiert hunn, sti 400.000 Geimpfter géigeniwwer, déi hir Responsabilitéit geholl hunn, déi solidaresch waren, déi der Wëssenschaft, den Autoritéite getraut hunn, déi net a Fro gestallt hunn, wat d'Autoritéiten a wat d'Wëssenschaft gesot hunn, déi och net mengen, dass se hannert d'Liicht gefouert ginn. Deene stinn déi géigeniwwer!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Engel, erlaabt Der, datt den Här Kartheiser lech eng Fro stellt?

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Wann et net vu menger Zäit ofgeet, jo.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci.

■ **Une voix.**- Loosst den Här Engel seng Ried halen!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Wannechgelift, kënnst Der mer se herno stellen? Ech äntweren herno drop. Merci. Dat ass och besser. Da kann ech mäi Gedanke weiderféieren. Mee ech äntweren awer ganz gären op Är Froen. Et ass ëmmer ganz interessant, mat lech ze diskutéieren.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dat fannen ech och, Här Engel.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Jo. 400.000 Geimpfter, déi gehollef hunn, dass mer haut, Dir Dammen an Dir Hären, vill Fräiheete kënnen hunn, dass mer net an engem Lockdown sinn, dass mer d'Spideeler net absolutt voll hunn an dass mer liewen, virun allem, dass mer liewen, geschützt ginn. Mäi grouse Merci geet virun allem och u si.

Mir wëllen hei d'Leit net géinteneen ausspillen, au contraire. D'Zil vun deenen neie Mesuren, déi de Mars Di Bartolomeo virdrun a sengem Rapport am Detail erkläert huet, ass op kee Fall d'Splécke vun der Gesellschaft. An och wann d'Mesuré méi streng ginn, stelle se u sech de Wee duer, fir zesummen aus dëser sanitärer Kris erauszekommen.

An ech erkläre mech och. Säit dem Ufank vun dëser Pandemie hu mir e grouse solidareschen Elan an der Gesellschaft gespuert.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- An op dee gëllt et, och weiderhin ze setzen. Et ass net de Moment, datt erëm jiddwereen nëmmen no sech kuckt. Mir mussen zesummen iwwert dee Bierg hei kommen. Mir hunn d'Zil virun Aen, mee mir sinn nach net driwwer ewech.

Déi verschide Variante vum Virus, virun allem d'Deltavariant, déi hunn et a sech. Nach ëmmer besteet de Risiko, dass d'Leit, a virun allem eeler Leit, mee awer net nëmmen eeler Leit, duerch eng Covidkrankung stierwen. Respektiv besteet d'Gefor, sou vill Covidpatiente gläichzäitig mussen ze behandelen, dass d'Capacitéiten an eise Spideeler un hir Limitte kommen. Dat heescht am Umkehrschluss jo dann och, dass wa mer eis Intensivstationen voll hunn, mer aner Behandlungen, déi dann dee Moment manner urgent sinn oder vlächicht grad esou urgent sinn, mussen zäitversat maachen, well net genuch Plaz ass, mat all deene Konsequenzen, déi dat dann och mat sech bréngt, wat mir jo an de vergaange Méint erlieft hunn.

Kommt, mir erspueren eis dat. Kommt, mir erspueren eis dach einfach, déi dote bedrolech Situatioun, déi fir jiddweree vun eis net gutt ass, ob ee geimpft ass oder net. An duerfir gëtt et nëmmen ee Wee an dee Wee, ob een dat elo gutt fënnst oder net, geet nëmmen iwwert d'Impfung. A sécherlech hëlleft och eng vitaminräich Ernährung oder e gesunde Liewensstil oder sech op dat besënnen, op dat zréckbesënnen, wat wichteg ass am Liewen. Alles dat ass ganz richteg an alles dat ass och gutt. Mee de Virus léisst sech leider vun esou Saachen net ophalen.

An domadder sinn - mengen ech emol, dat ass mäin Androck, deen ech esou duerch déi leschte Méint awer kritt hunn - déi meeschte Leit hei zu Lëtzebuerg och averstanen. D'Impfung hëlleft an déi Impfung hëlleft eis och, déi Fräiheeten, déi puer, déi mer elo nach net hunn, och erënzkréien.

Well wann een déi vergaange Méint Revue pas-séiere léisst, da stellt ee fest, dass de Gros vun de Leit sech un déi restriktiv Mesuré gehalen hunn. Dëst war de Fall, wéi nach keng Impfungen disponibel waren. A wéi d'Impfungen disponibel waren, ass dunn och eng Majoritéit direkt bereet gewiescht, sech impfen ze loos-sen.

Ech hunn iwwregens an enger ... Mir si bei 75 % vun deenen, déi sech kënnen impfe loos-sen, oder bei 64 % vum ganze Land. An Däitschland gëtt et eng Etüd, déi vum RKI gemaach ginn ass iwwert de „COVID-19 Snapshot Monitoring“. An do hu 75 % vun deene Leit, déi sech net wëllen impfe loos-sen, gesot: „Ma mir brauchen eis net impfen ze loos-sen, well et sinn der jo schonn esou vill geimpft. An duerfir brauche mir dat net.“ Ech fannen dat awer héchst bedenklech.

Wann déi, déi sech net wëllen impfe loos-sen, soen: „Ma déi aner hu sech jo impfe gelooss, da brauche mir dat net ze maachen“, ass dat fir mech awer eng bedenklech Evolutioun an eiser Gesellschaft.

Déi Impfung sinn effikass, dat ass kloer, a sécherlech kann een och eng ganz Rei vun Zweifelen iwwert d'Vaccinen hunn. Dat kann ech ganz gutt novollzéien. Et ass och vill Desinformatioun gemaach ginn an ech kommen herno nach eng kéier op d'Informatiouns- oder d'Sensibiliséierungscampagne iwwert d'Impfungen zréck. Sécherlech huet do keen alles richteg gemaach. Ech kann dat gären herno och mam Verglach mam Ausland beleen, mee ech denken, dass elo, gutt zéng Méint, nodeems déi éischt Leit geimpft gi sinn, awer kloer misst sinn - e puer Milliounen an der Welt si geimpft -, dass dës Vaccinen awer net direkt schiedlech sinn. Follgeschied maache sech, an dat soe bal alleguer d'Wëssenschaftler, direkt no oder kuert no der Impfung bemierkbar, net eréischt no engem Joer.

Déi Impfung sinn effikass, well se virun engem schweiere Verlaf vun der Krankheet schützen. An och dat seet net nëmmen d'Wëssenschaft, mee dat beweisen d'Zuelen. Laut der europäescher Agence fir d'Preventioun an d'Kontroll vu Krankheeten, besser als ECDC bekannt, si mëttlerweil eleng an Europa iwwer 274 Milliounen Leit komplett geimpft. Parallel dozou ginn d'Stierfäll u Covid-19 erof. Wann d'Impfung wierklech esou problematesch wieren, jo da wär dat awer mëttlerweil och bekannt ginn.

An duerfir ass et haut schued, wann eng Majoritéit vu Leit, déi sech impfe gelooss huet, elo leider muss nach weider Aschränkunge matmaachen, well awer eng Minoritéit aus deenen ënnerschiddlechste Grënn - Iwwerzeegung, Angscht - sech net wëll impfe loos-sen, och vlächicht seet: „Bon, ech kréien dat vun uewen erof gesot, da maachen ech et sécher net!“ oder „Déi aner hu sech jo impfe gelooss, da brauch ech et net ze maachen.“ Alles dat si Grënn, firwat déi net bereet sinn, mat op dee Wee ze goen.

An och wann een an de soziale Medien virun allem verschidden Impfgéigner esou héiert, si bei mir awer och ganz vill aner Messagen ukomm: „Mir hunn eis un alles gehalen, mir hunn eis impfe gelooss a mir wëllen elo eis Fräiheeten zréck.“ An och déi muss ee respektéieren. Och déi 400.000, déi sech impfe gelooss hunn, si Bierger an dësem Land an och déi hu Rechter.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- A wa mer duerfir eis Mesuren hei méi streng maachen, da musse mer eis Responsabilitéiten huelen, esou wéi mir dat an der Kris bis elo nach ëmmer gemaach hunn, och wann dat net jiddwerengem schmaacht. Dat gehéiert zu engem politesche Mandat dozou, zu der Verantwortung, déi heibanne jiddwereen huet. An duerfir lauschtet och op déi 400.000, déi solidaresch waren a sech virbildlech beholl hunn.

An dat gëllt jo och elo. Mir féiere jo hei och elo de CovidCheck fir Betriber an. Iwwregens wëll ech just soen: Virun e puer Wochen huet d'Chamber hei de CovidCheck an der Chamber fir eis alleguerten agefouert.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Mat Schnelltester.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Hei an der Chamber gouf en agefouert an do huet och net jiddweree sech heiriwwer opgereegt. Nee, et waren der souguer nach, déi et scho virdu gefrot haten. An och verschide Gewerkschaften hunn et virdu scho gefrot gehat. Ech wëll dat just ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Do hate mer Schnelltester.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Jo, d'Schnelltester gëtt et jo och elo nach ëmmer, Madamm Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Mee et gëtt awer keng gratis méi.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Déi gëtt et jo awer elo nach ëmmer, Madamm Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Den 1. November net méi.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Nëmmen zertifizéiert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Och do hunn der vill es sat gehat, well sech der e puer net um gemein-

schaftleche solidareschen Effort wollt bedeelegen. De Gilles Baum huet et gesot: Déi Majoritéit, la majorité silencieuse, och déi huet eng Stëmm, där hir Stëmm zielt och.

An ech si sécher, datt mer och an den nächste Wochen nach eng ganz Rei vun oppene Froe kënnen hei aus dem Wee raumen. An ech hoffen, datt mer dat och zesumme mat de Gewerkschaften kënnen maachen.

Duerfir nach eng kéier: Dës nei Mesuren hunn als Zil, datt déi Leit, déi net fundamental géint eng Impfung sinn, mee déi sech aus ënnerschiddlechsten Ursachen - oft ass dat e Gefill - nach net impfe gelooss hunn, och dësen Effort maachen, datt mir deen Effort zesumme maachen, well, an do vertraue mer dann och op d'Wëssenschaft, et ass eréischt, wann den Impftaux tëschent 80 a 85 % ass, datt mer déi Restriktiounen erëm kënnen ophiewen.

A sollt dësen Taux virum 18. Dezember erreecht sinn, da kéinten och verschide Restriktiounen erëm virdu gelackert ginn. Et ass schonn e puermol gesot ginn, et ass ëffentlech gesot ginn, et ass an de Kommissiounssitzunge gesot ginn: Wa mer deen Taux virdrun erreechen, da wëll ee sech net géint d'Luckere vun de Restriktiounen wieren.

An dat soll eis dach alleguer encouragéieren, fir datt mer deen Effort hei zesumme maachen, fir datt mer dat packen, fir datt mer déi Restriktiounen kënnen ophiewen an erëm en normaalt Liewen hei zu Lëtzebuerg hunn, esou wéi et och zum Beispill an Dänemark gemaach ginn ass.

An ech wëll hei nach eng kéier betounen: Hei gëtt kee forcéiert. Mir féieren hei keng Impfflicht an! Wie wierklech net wëll, dee ka sech och weider reegelméisseg teste loos-sen.

■ **Une voix.**- A bezuelen.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- E muss dann awer de Kaf vun deenen Tester selwer bezuelen, jo. An do sti mir als Lëtzeburger och guer net eleng do. Et ass nämlech virdrun hei - an elo kommen ech nach eng kéier op d'Sensibiliséierungscampagne ze schwätzen - kritiséiert ginn, datt d'Sensibiliséierungscampagne fir d'Impfen net genuch Leit erreecht hätt. D'Länner ronderëm, déi hätten dat besser gemaach an déi hätten duerfir och méi en héijen Impftaux. De Claude Wiseler ass souguer esou wäit gaangen, datt e gesot huet: „Et ass guer näischt gemaach ginn.“ Esou huet e gesot hei virun enger gudder Stonn - ech sinn absolutt net domadder d'ac-cord, dat war awer just eng Klammer -, a well eis Sensibiliséierungscampagne soi-disant esou schlecht war, géif eis elo näischt aneres iwwerbleiwen, wéi d'Schrauben unzezéien, fir datt d'Leit sech dann awer impfe loos-sen. Mee ass dat wierklech esou?

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech hu gesot: „Et ass näischt gemaach ginn zwëschent Oktober a Februar.“

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Jo, et ass näischt gemaach ginn. Dat hunn ech ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Tëschent Oktober a Februar.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Ok, mee ass et dann och wierklech esou, datt déi Sensibiliséierungscampagne net gegräff huet, datt iwwerhaapt näischt geschitt ass an datt mer duerfir esou en Impftaux hu wéi et hei gesot gëtt? Ma ech si mer do net esou sécher, well wann een e bësse ronderëm eis kuckt, da gesinn ech, datt et bei eisen Noperen trotz besseren Impftauxen, wou dann d'Sensibiliséierungscampagne jo méi gefrucht huet, elo och zum Deel e gutt Stéck méi streng gëtt an datt se trotz besseren Impfzuelen op änlech Mesuré setze wéi mir hei.

Zum Beispill: Obwuel eist Nopeschland elo besser Impfzuelen huet wéi mir, ginn a Frankräich d'Mesuren och nach eng kéier weider verschäerft. Sou ginn a Frankräich säit e Freideg d'Autotester net méi am Kader vum Pass sanitaire unerkannt, souguer wa se vun engem Professionnel de la santé gemaach ginn. Wien net geimpft ass an a Frankräich an e Restaurant goe wëll, dee muss am Virfeld e PCR-Test gemaach hunn oder en Antigentest. Dës Tester ginn och net méi, wéi dat virdrun de Fall war, rembourséiert, et sief dann, et géif e Verdacht op eng Infektioun bestoen.

De Präis vun engem PCR-Test läit a Frankräich bei ongeféier 45 Euro, dee vun engem Antigentest an enger Apdikt bei 25 Euro. D'Zil ass a Frankräich dat selwecht wéi bei eis: Déi Leit, déi bis elo nach net geimpft sinn, sollen incitéiert ginn, sech impfen ze loos-sen, mee, wéi gesot, mat Mesuré wéi och hei zu Lëtzebuerg, déi awer e gutt Stéck méi streng sinn.

Wat d'Entreprises ubelaangt, do ass a Frankräich de Pass sanitaire schonns säit September - säit September, Dir Dammen an Dir Hären! - op enger Rei vu Plazen obligatoresch, wou e Kontakt mat Clienté besteet, wéi zum Beispill am Horeca-Beräich. Dat betrëfft 1,8 Milliounen Salariéen. An da schwätzen ech net vun der Impfflicht, déi a Frankräich jo gëllt fir déi Leit, déi am Santésecteur schaffen. Fir 2,7 Milliounen Leit ass dat do de Fall.





A wann ech da schonn am Ausland sinn, dann hutt Der bestëmmt och matkritt, datt een an Italien säit e Freideg nëmmen nach ka schaffe goen, wann een e sougenannte grénge Pass huet.

Mir brauchen awer net esou wäit ze goe wéi Italien. Mir brauchen och nëmmen hei bei eis däitsch Nopere kucken ze goen. Och do ginn d'Schrauwen ugezunn. Am Saarland gëllt säit dem 1. Oktober eng allgemeng 3G-Reegel. Während bei eis ab dem 1. November de CovidCheck-Regimm kann op der Aarbecht ugewannt ginn, ass dat am Saarland scho säit e bësse méi wéi zwou Wochen de Fall. Och hei ass et esou, datt et de Patron ass, deen decidéiert, ob den 3G applizéiert gëtt oder net. A wann dat net de Fall ass, da gëllen déi normal Sécherheitsmesurë wéi den Ofstand halen oder d'Masken uninn.

Wéi bei eis gëllt am Saarland den 3G och an de Restaurants. Do kënnen sech elo och Geschäfte a souguer Coiffersalonen op den 3G beruffen. Och do läit d'Decisioun beim Gerant vum Geschäft, woubäi ze bemerken ass, datt allgemeng an Däitschland säit dem 11. Oktober, also säit enger Woch, keng Gratistester méi ugebuede ginn, ausser fir déi Leit, déi sech aus gesondheetleche Grënn net kënnen impfe loosse.

Och wann dës Gratistester an Däitschland haapt-sächlech zertifizéiert Schnelltester waren a keng PCR-Tester wéi bei eis, ass d'Resultat änlech. Well een an de Bistro goen an et ass een net geimpft, da muss ee sech teste loosse an deen Test selwer bezuelen. Kuerz, och do ginn d'Schrauwen ugezunn. A wann d'Infizierenzuelen do weider an d'Luucht ginn, da sollen d'Reegelen, esou wéi et elo schonn ugekënnegt ass, nach eng kéier weider verschäerft ginn.

A Rheinland-Pfalz hu se och d'Schrauwen ugezunn, dës esouguer nach e bësse méi fest wéi am Saarland an deemno ass et do och méi streng wéi bei eis.

Der Vollständigkeet halber wëll ech awer och soen, datt mer en Nopeschland hunn, d'Belsch, deem seng Mesuren net onbedéngt méi streng si wéi bei eis. Mee och do ginn d'Schrauwen nach eng kéier méi fest ugezunn, wéi dat bis elo de Fall war. Säit Enn September gëtt et och do keng Gratistester méi fir Leit, déi zum Beispill reese wëllen. Am Allgemengen hat een an der Belsch jo och just Recht op zwee Gratistester. Sinn déi verbraucht a besteet och keen dréngende Verdacht op eng Infektioun, da muss een déi bezuelen. An och fir an de Restaurant an an de Café ze goen ass dat esou, zumindest emol zu Bréissel, an d'Wallonie soll gläich nozéien.

Dir gesitt also, op wat ech eraus wëll: An de Länner ronderëm ginn d'Schrauwen op deene verschidensten Eebenen och nach eng kéier ugezunn, an dat, obwuel d'Impftaxe besser si wéi bei eis. Allgemeng ginn also iwwerall d'Schrauwe méi ugezunn an dat, obwuel jo gesot gëtt, d'Sensibiliséierungscampagnë wäeren do vill, vill besser gewiescht wéi bei eis.

An dann nach eppes fir kloerzestellen: Déi Mesuren, déi huelen hei weeder eis Regierungen nach d'Nopeschregierungen, fir d'Leit ze kujenieren, mee mir huelen eis Responsabilitéit, well mer déi Epidemie hei wëllen an de Grëff kréien. An dat geet nëmmen, wann den Impftaux och héich genuch ass.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Ech ginn hei net méi op an, wat de Mars Di Bartolomeo hei ganz kloer erkläert huet, wat déi 46 % vu Leit, déi am Spidol sinn, ugeet. Et weist awer ganz kloer, datt de Risiko, fir sech ze infizéieren, däitlech méi héich ass, wann een net geimpft ass an datt de Virus och an deene Kreesser vill méi séier zirkuléiert. Mee et weist leider och, datt och geimpfte Leit net komplett immun sinn, woubäi een hei och muss soen, datt et vun Ufank u kloer war, datt d'Impfung keen 100%ege Schutz ka bidden.

An dat weist och, datt et dowéinst och wichteg ass, datt mir weider Geste-barriären anhalen, op d'mannst esou laang wéi mer net bei engem Impftaux vun 80, 85 % sinn. Well eréischt dann, dat soen eis d'Experten, kann een dovun ausgoen, datt de Virus vill méi lues zirkuléiert an datt de Risiko vun enger Iwwerbelaaschtung an de Spideeler extreem reduzéiert ass.

Ech kommen zu der Konklusioun: Eist Zil muss sinn, eis Spideeler net ze belaauchten an duerfir sti mer zu deenen neie Mesuren, wéi d'Aféierung vum CovidCheck-Regimm op der Aarbechtsplaz an zum Ewechfale vun den Autoschnelltester am Kader vum CovidCheck-Regimm. Mir hoffen, datt dës Mesuren déi Leit wäerten incitéieren, sech impfen ze loosse, déi bis elo hir Entscheedung nach erausgezögert hunn, an datt mir dann an en änlechen Zenario komme kënnen wéi zum Beispill elo Dänemark. Dat wëlle mer esou séier wéi méiglech erreechen an duerfir muss een natierlech weider Iwwerzeegungsarbecht leeschten.

Duerfir ënnerstëtze mer och ganz ausdrécklech déi Initiativ vum Impfbus oder vun der Impfcampagne, déi elo an de Schoule stattfënnt. De Minister huet et haut de Mueren nach eng kéier um Radio ganz

kloer erkläert. Well eent steet fest: Weider laang Méint mat den aktuelle Restriktiounen weiderfueren, dat wëlle mir de Leit net méi zomudden. An duerfir huele mer och elo eis Responsabilitéit, wéi mir et schonn déi ganzen Zäit an dëser Kris gemaach hunn, fir datt mer elo en entscheidende Schratt, e richteg Schratt no vir kommen a Richtung Enn vun dëser Kris.

Heimadder ginn ech den Accord vun der LSAP fir dës Gesetz.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Engel. An ech ginn d'Wuert un den Här Kartheiser, fir lech eng Fro ze stellen.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Pardon.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, villmools merci, Här Engel, och nach eng kéier, datt Der mer d'Geleëenheet gitt, lech eng Fro ze stellen. Ech wollt op Är Duerstellung vun der Marche blanche am Ufank zrëckkommen, wéi Der gesot hutt: „Déi 4.000, op där anerer Säit déi 400.000.“

An ech wollt lech eigentlech froen: Kënnt Der déi Duerstellung beweisen an deem Sënn, datt déi 4.000 géint Impfungen gewiescht wäeren? Ech mengen, datt do och geimpfte Leit matgaange sinn. Et ass nämlech esou: Ech hunn op hirer Internetsäit gekuckt. Si sinn net géint Impfungen, dat soen se net, mee « chercher à unir les citoyens au-delà de leurs différences et de recréer du lien social, [...] préserver nos droits de citoyens libres, de vérité et de fraternité. » Do steet näischt géint Impfungen.

Duerfir wollt ech lech froen: Wéi kënnt Der déi Duerstellung, déi Dir hei gemaach hutt, argumentéieren? Villmools merci.

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Net brauchen op d'Strooss ze goen, well dat wëlle mer alleguer.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Engel.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - An de Medien ass et ganz vill esou duergestallt ginn, datt et Impfgéigner wieren. Ech hunn dat esou opgehol. Wann et 4.000 Leit waren, déi „chercher à unifier le pays“, da kann ech ganz gutt mat der Iddi vun „unifier le pays“ liewen. An dann, wann et der da 400.000 sinn, sinn et der elo 404.000, déi dann an déi richteg Richtung matzéien. Ech géif mech deem dann ... Ech géif deene Leit da Merci soen, wann et an déi do Richtung geet. Ech wëll lech just soen, mir haten elo grad heibannen e Beispill, datt net alleguerten déi Leit an déi dote Richtung wëlle matzéien. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Engel. Domat ass dat kloergestallt an ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi eng Welt mat enger Pandemie ausgesäit, wann et keng Impfung gëtt, dovun konnte mer eis während ville Méint e Bild maachen. Et ass eng Welt ouni Fräiheet, et ass eng Welt ouni gesellschaftlecht Liewen, eng Welt mat Aschränkungen, Angscht an Isolatioun, eng Welt vu bedroter Wirtschaft. Ech denken, datt kee vun deem Liewensmodell begeeschtert war an datt et och kengem sai Wonsch ass, eng Neioplage vun deem Zenario ze erliewen. Villméi ass de Wonsch an der Gesellschaft grouss, nees komplett fräi kënnen ze liewen an d'Covidgesetzter definitiv hannert eis ze loosse.

Ech mengen, souguer de Rapportier Mars Di Bartolomeo wär frou, wann en emol aner Rapporten hei kéint presentéieren.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Dat stëmmt eigentlech.

(Hilarité)

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Nach ass et net esou wäit. Mee ëmmerhi gëtt et en Instrument, fir de Retour an d'Onfräiheet ze verhënneren: Dat Instrument nennt sech ganz einfach Impfung. Et ass eng vun de gréissten Errungenschaften vun der Wissenschaft a vun der Medezinn iwwerhaapt. A well d'Impfung ee vun den zentralen Elementer vun dësem Projet de loi duerstellt, wëll ech e puer Wieder méi doriwwer verléieren.

D'Erfollegsgeschicht vun den Impfungen ass bekanntlech déi, datt liewensgefäerlech Infektiounskrankheete mëttlerweil der Geschicht ugehéieren, an dat eenzeg an eleng, well op d'mannst 95 % vun der Weltpopulatioun géint déi Krankheete geimpft gi sinn.

Entweeder haten Epidemii wéi zum Beispill d'Pouke keng Chance méi, fir sech ze verbreedem, oder de Krankheitsverlaf war a bleift wéi am Fall vun der Tuberkulos a vum Covid-19 net méi liewensbedroleg a vill manner schlëmm, wann eng Persoun bis geimpft ass. Doriwwer eraus schützt d'Impfung och d'Matmënsche virun enger hefteger Ustiechung, well d'Viruslaascht, déi Geimpfter op aner Mënschen iwwerdreen, vill méi niddreg ass.

Den Effet vun den Impfungen, an dorop wëll ech eraus, ass deemno längst bewisen an hir Effikasitéit ass historesch beluecht.

Allerdéngs stellt een haut fest, an dat ass de Punkt, datt déi extreem héich Effikasitéit och zu engem sougenannten „effet pervers“ ka féieren: D'Impfungen hunn nämlech esou gutt gewierkt, datt mir riskéieren ze vergiessen, wéi schlëmm all déi Krankheete fir Beträffener an hir Famille waren a wéi staark verschidden Epidemii wéi Tuberkulos, Pouken, Kannerlängung a Riselen an aner d'Mënschheet nach an den 1960er Jore bedrot hunn. An et ass aus all dëse Grënn, firwat een déi entscheidend Ausso vu villen unerkannten nationalen an internationale Virologen an Epidemiologen net oft genuch ka widerhuelen: „Impfen ass besser wéi Testen.“ An dat ass d'Basis vun dësem Projet de loi.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Dir Dammen an Dir Hären, dat féiert mech dann och zum Häerzstéck vun den Dispositiounen. Och wann se méi ëmstridde si wéi d'Virgänger, sou verfollegt dëse Projet de loi een eenzegt Zil: En ass geduecht, fir den Infektiounsrisiko nach méi konsequent op e Minimum ze reduzéieren, wëssend, datt zousätzlech zum Covid-19 och d'Wantergripp virun der Dier steet an datt déi sougenannte Saisonalitéit bewisenmoossen en Impakt op d'Verbreedung vu respiratoresche Viren huet.

De Choix vun der Regierung besteet kuerz gesot doran, den 3G esou wäit wéi méiglech ze generaliséieren an ze verschäerfen, wat d'Tester ugeet, d'Impfung weiderhi gratis ze maachen, fir all Persoun iwwer zwielef Joer zur Verfügung ze stellen, Schnelltester net méi unzeerkennen, ausser bei de Schülerinnen an de Schüler an de Schoulen, PCR-Tester bei Ongeimpften obligatoresch ze maachen oder op zertifizéiert Schnelltester ze setzen am Fall vum CovidCheck, et sief, et léich eng Géigenindikatioun vun engem Dokter vir.

De Mars Di Bartolomeo huet d'Reegele méi am Detail erkläert an duerfir wëllt ech him och schonn elo direkt Merci soe fir sai gudde Rapport, mëndlech wéi schrëftlech.

Beim Choix vun der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären, geet et eigentlech ëm näischt aneres wéi dorëms, d'Sécherheet iwwerall do ze erhéien, wou vill Mënsche sech beweegen, sief et an der Fräizäit oder op der Aarbechtsplaz. Gläichzäitg geet et awer drëms, de wëssenschaftlechen Erkenntnisser nach méi konsequent Rechnung ze droe wéi an der Vergaangenheet, d'Mënsche méi wéi jee ze motivéieren, sech impfen ze loosse an Ongeimpften d'Liewe manner agreabel ze maachen.

Gelängt et nämlech, den Impftaux op 85 % a méi ze erhéien, kënnen mer grad wéi Dänemark, Portugal an aner Länner, déi d'Nues beim Impfe vir hunn, op streng Reegele verzichten an definitiv nees fräi liewen.

Dat ass och d'Zil vun der Europäescher Unioun, déi sech als Tëschenetapp erwaart huet, datt bis zum Enn vum Summer 2021 70 % vun den Erwuessenen an der EU komplett geimpft sinn.

Zu Lëtzebuerg, an dat ass scho gesot ginn, sinn et bis haut just 64 % vun der erwuessener Populatioun, déi komplett geimpft sinn, an dat, obwuel bis zum 7. Juli 2021 all impfberechtigt Awunner an Awunnerinnen eng Invitatioun fir eng Gratisimpfung zougestallt kritt hunn. Ëmsou méi verständlech ass et fir eis, datt d'Regierung zumindest elo deene Persounen, déi bereit waren, sech impfen ze loosse, eng maximal Normalitéit wëll zrëckginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Et sinn nämlech si a keng aner, déi op eege Fauscht zum Schutz vun der sanitärer Sécherheet am Land bäigedroen hunn an och zu der Solidaritéit an eiser Gesellschaft. An dat gëllt et ganz kloer unzeerkennen an duerfir wëllt ech och all deene Leit Merci soen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - An et ass och richteg a wichteg, datt d'Regierung der Impfung an Zukunft nach méi Gewicht wëllt ginn an déi Bedeutung, déi se eigentlech verdéngt: Dat ass déi, datt d'Impfung schonn zanter ville Joerzëngten zu de gréisste medezinnesche Liewensretter gehéiert, well se et ëmmer op en Neits fäerdegbréngt, Pandemien auszerotten an d'Mënschheet ze schützen.

Doriwwer eraus, Dir Dammen an Dir Hären, sollte mer eis awer och engem groussen Privileeg bewosst sinn: Mir hunn d'Chance, an engem Zäitalter ze liewen, an deem medezinnesch Studien an Erkenntnisser vun enger Eethikkommissioun gepréift ginn, national wéi international. An et ass och eng Chance fir d'Gesellschaft vun haut, datt d'Impfstoffer en extreem schwéieren a strengen Zouloosungsprozess duerschlafe respektiv permanent op hir Geforen hin evaluéiert ginn. A grad dowéinst ass déi gefaarte Gefor vun der Thrombos no enger Covidimpfung mëttlerweil erfuerscht a ka verhënnert ginn, an dat ass berouegend. Villsoend ass och, datt

d'Europäer, d'Chineesen, d'Russen an d'Amerikaner zesumme fonnt hunn, fir wirksam Impfstoffe ze entwéckelen. Dat ass an eisen Aen a staarkt Zeechen. Et beweist, datt Natiounen, déi politesch oft net gutt eens ginn, zumindest um wëssenschaftlechen a medezinnesche Plang e Konsens erreecht hunn, deen haut vu kengem méi a Fro gestallt gëtt an dee Vertrauen an d'Medezinn schaaft.

Wat dann déi konkret Dispositiounen vun dësem Projet de loi ugeet, esou scheede sech d'Geeschter, wat d'Positioun dozou eebe betrëfft. Se loosse sech a véier verschidde Stréimungen andeelen, grosso modo.

Déi éischt besteet aus de klassesche kategorieesche Covidleegner, déi de Covid als inexistent ugesinn an déi deemno och vun Ufank un all Covidreegel refuséiert hunn a weiderhi wäerte refuséieren. Ech ginn net drop an.

Anerer sinn der Meenung, datt dëse Projet de loi ze wäit geet a fuerderen, datt den aktuelle System vum CovidCheck mat gratis Schnelltester op der Plaz soll oprechterhale bleiwen. Dat géif d'Fräiheet bedeuten, datt all Patron, Verwaltung an Organisateur op den aktuelle fakultative CovidCheck-Regimm zrëckgräife kann oder eeben net. An dat ass eeben d'Fro, déi sech an deem Kontext stellt. Verbonne mat dëser Positioun ass déi ënnerschwellig Kritik, datt d'Regierung eng Impfflicht zur Hannerdier wëll aféieren, gekoppelt mat enger finanzieller Benodeelegung fir Ongeimpfter, well se d'PCR-Tester musse bezuele während d'Impfung gratis bleift.

Dës Positioun ass an eisen Aen novollzéibar. De Problem ass awer deen, datt mir mat dësem System bewisenmoossen net vum Fleck kommen, wat den Impftaux ugeet, soss wäere mer scho méi wäit.

Ech komme bei déi drëtt Grupp, déi der Meenung ass, datt deen neien a méi strenge Regimm vum CovidCheck an alle Betriber a Verwaltungen onbedéngt obligatoresch muss ginn an datt déi Responsabel net de Choix sollen hunn, esou wéi et an Zukunft am Horeca-Secteur de Fall ass. Dat hu verschidde Patronen op Facebook esou gefuerdert.

Et géif bedeuten, datt déi waarm Gromper vun der Decisioun, de CovidCheck op der Aarbechtsplaz anzeféieren oder net, net bei de Patronen an de Responsabele vun de Verwaltungen géif leien an datt déi selwecht sech dann och net mat hire Beleegschaften oder mat der Situatioun vun Einzelnen auseneesetze missten a méiglech Konflikter mat de Salariéen un de Staat kéinten delegéieren. Aus der Vue vum Patronat ass déi Haltung verständlech an och vum sanitäre Standpunkt aus net vun der Hand ze weisen. An der Ëmsetzung wier se allerdéngs mat ville praktesche Problemer verbonnen.

Dat féiert mech dann zu der véierter Stréimung, déi d'Approche vun der Regierung ënnerstëtzt a sech manner haart zu Wuert mell wéi déi aner. Zu deene gehéieren och mir als gréng Fraktioun.

Firwat ass et méi einfach, mat dësem System eens ze ginn? Ganz einfach, well mat dësem Projet de loi versicht gëtt, flexibel mat der Realitéit um Terrain ëmzuegoen an de Schutz virum Virus gläichzäitg ze erhéien op der Aarbechtsplaz. D'Realitéit ass jo déi, datt et Honnerte vu verschiddenen Aarbechtssituatiounen, Honnerte vu verschiddene Raimlechkeeten an Honnerte vu verschiddenen Aktivitéiten a Missiounen an der Berufswelt gëtt. Dowéinst ass et ganz sécher méi sénnvoll an eisen Aen, der jeeweileger Situatioun als Patron oder als Responsable kënnen Rechnung ze droen an op eenzelne Plazen op de CovidCheck-Regimm kënnen ze verzichten, wann dat dann néideg ass. Ech denken un d'Guichete vun de Gemengen a Verwaltungen, déi zu jidder Zäit fir de Public accessibel musse sinn a wou et méi einfach ass, mat de gängegste Gestebarriären ze funktionéieren.

Wat dee vun der Regierung incitéierten, mee net obligatoresche CovidCheck an de Betriber a Verwaltungen ugeet, däréi een och net ignoréieren, datt verschidde juristesche Problemer riskéieren opzetauchen, wann e Salarié sech weeder impfen nach teste wëllt loosse. Dat stelle mer ganz sécher net a Fro, quité datt de Code du travail dann zum Droe kënnt an d'Haltung vun de Beträffenen dee Moment als Refus de travail mat all senge Konsequenzen interpretéiert ka ginn. Do hoffe mer awer, datt déi Fäll d'Ausnam bleiwen an datt den Aarbechtsklima an de Betriber, an de Verwaltungen an am Horeca-Secteur net wäert vergëft ginn.

Als Gréng hoffe mir awer och, datt dës Zopp manner waarm giess gëtt, wéi se gekacht gëtt an datt vill Suergen a Kriticke sech am konstruktiven Dialog mat de Beleegschaften a mat de Personalvertriedunge wäerte leeën. Lëtzebuerg ass e Land vum Dialog an dat soll och bei dësem Gesetz esou bleiwen.

Dir Dammen an Dir Hären, wichteg ass awer och, dat soen ech ganz betount, d'Perspektiv ze änneren an déi aktuell Situatioun net nëmmen aus dem Bléckwénkel vun deenen ze kucken, déi net geimpft sinn, mee och aus dem Bléckwénkel vun deenen Zéngtausenden, déi sech längst impfe gelooss





hunn an hir Verantwortung iwwerholl hunn. Si hunn dat gemaach, fir sech selwer ze schützen, fir d'Mänschen an d'Familljen ze schützen a fir de Gesondheetssektor ze schützen. Dat ass déi grouss, mee méi roueg Majoritéit, déi sech d'Recht, ouni Mask kënnen ze schaffen an ouni Mask um gesellschaftleche Liewe kënnen deelzehuelen, duerch d'Impfung erkämpft huet.

Solle mer dës Mënsche forcéieren, trotz hirem Impfschutz an hiren Decisioun, Verantwortung ze iwwerhuelen, Masken unzédinn, nëmme well Einzelner hiert Recht op Impfung net wëlle wouerhuelen an doriwwer eraus an refuséieren, sech engem PCR-Test oder engem zertifizéierte Schnelltest ze ënnerzéien? Mir mengen net.

A muss déi grouss Majoritéit vu Clientë Limitatiounen am Restaurant an am Bistro a Kaf huelen, just well een oder zwee Clientë refuséieren, sech gratis impfen ze loosson oder en Test ze maachen? Och hei ass eis Äntwert: Neen.

Dir Dammen an Dir Hären, datt d'Fräiheet vum Einzelnen do ophält, wou d'Fräiheet vum Nächsten ufängt, huet den Immanuel Kant schonn am Joer 1793 behaapt, a mir hunn et scho fréi an der Schoul geléiert. Fir eis zielt déi Ausso och an der Pandemie, fir anerer zielt se vläicht manner. Natierlech ass d'Veweigere vum Impfung eng Fräiheet vum Einzelnen, déi mer respektéieren. Se ass och konform zu der Verfassung a gëtt rechtlech net a Fro gestallt. Dat ännert awer näischt drun, datt dës Fräiheet eenzeg an aleng dora besteet, sech selwer a besonnesch déi ongeimpft Kanner engem vëlleg onnéidegen a vermeidbare Risiko aussetzen an enger véierter Infektiounswell d'Dier opzemaachen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Am Fall vun enger Erkrankung beusprochen d'Impfverweigerer dann awer ganz selbstverständlech d'Solidaritéit vun der Gesellschaft: Hospitaliséierung an Intensivmedezinn bis hin zur rembourssierter Rehabilitatioun, vun der Belaaschtung vum Santéspersonal guer net ze schwätzen.

E Lieserbréif, deen de 25. September vun dësem Joer am „Lëtzeburger Wort“ publizéiert ginn ass, huet et mat dëser Beschreiwung vun den Impfverweigerer op de Punkt bruecht.

Richteg ass natierlech, datt et och Leit gëtt, déi zécken, sech impfen ze loosson, an op déi wäert ech nach zrëckkommen.

Ech wëilt awer nach eng aner Remark maachen, déi ech am Kontext vun der Impfung net oninteressant fannen an déi méi psychologescher Natur ass: Si werft d'Fro op, ob d'Mënschen eigentlech op Penurien ugewise sinn, fir de Wäert vu gewësse Gidder a Servicer ze erkennen.

Ech erkläre mech. Am Ufank vun der Pandemie war d'Hoffnung op alle Säiten an der ganzer Gesellschaft grouss, datt en Impfstoff géif entwéckelt ginn. Wéi e bis erfonnt war, huet d'Regierung virgeheit kritt, se géif d'Impfstoffer net zurzäit bestellen an net genuch Quantitéiten erbäischafen. Elo, wou d'Impfstoffer an der néideger Quantitéit a Qualitéit fir jiddwereen accessibel sinn - an dat och nach gratis -, gëtt d'Regierung kritiséiert, datt se der Impfung esou vill Gewiicht wëllt ginn, an dat just, well se Lëtzebuerg nees zu engem fräie Land wëllt maachen. Do kann ee just soen: Egal, wéi een et mécht, mécht een et falsch! Oder net?

Dir Dammen an Dir Hären, wat fir eis zielt, ass, datt den Impftaux weider klëmmt. A fir dat Zil ze erreechen, mussen mer eis virun allem op déijéineg Mënsche konzentréieren, déi een als Nachzügler oder als Zögerer bezeechnen kann. Dat sinn net déi kategoriech Impfverweigerer, vun deenen ech viru geschwat hunn, et sinn déi Mënschen, déi aus gewëssen Ängschten an Zweifel eraus bis elo net decidéiert sinn, sech impfen ze loosson.

Zu den Nachzügler gehéieren doriwwer eraus awer och déi Mënschen, déi opgrond vun hirem sproochlechen a kulturellen Hannergrond séier duerch d'Informationsnetz falen. Am Fong handelt et sech hei ëm déi selwecht Bevölkerungsgruppen, déi a Pandemiezeite besonnesch ufälleg sinn, op enkem Raum an a schlechte Konditiounen liewen a schaffen a sech meeschens net iwwert déi gängeg Kanäl informéieren an och net iwwert d'Press.

An Zukunft ass et eiser Meenung no wichteg, datt dës Mënsche besser erreecht ginn. A wéi seet een esou schéin: Wann de Propheet net bei de Bierg geet, da muss de Bierg bei de Propheet kommen. Dat heescht, datt déi nidderschwellig a biergermo Initiativen ausgebaut mussen ginn. Dat heescht, datt d'Impfekippe sech mat interkulturellen Traducteuren a Streetworker an déi Quartiere beginn, wou eis friemsproocheg Gemeinschaften am éischten unze-treffe sinn a wou déi méi vulnerabel Sozialschichte liewen. Dat ass ganz sécher net mëtten an der Concorde virum Bijoutier.

An da geet et net nëmme drëms, Mënschen ausféierlech an hiren Sprooch ze informéieren, mee och Vertrauen an eise Santéssystem opzebauen. Dozou gehéiert och, datt Fakenews konsequent bekämpft

an aus der Welt geschaf ginn. An Däitschland sinn esou Faktencheckcampagnë längst ugelaft, wat mer ganz interessant fannen. Se si geduecht, fir ganz genee drop hinzewiesen, datt beispillsweis a Brasilien de Mënsch net zu engem Krokodill ginn ass, wann e geimpft ginn ass, trotz der Warnung vum President Bolsonaro, an datt de Bill Gates och net vun der Pandemie profitéiert, fir de Mënsche Mikrochips anzepretzen, fir se besser kontrolléieren ze kënnen.

Zu Lëtzebuerg gëtt et leider nach ëmmer Mënschen, déi op esou Theorien erafalen, well net genuch Géigeninformatiounen zirkuléieren. An do mussen mer eis alleguer mat der Nues huelen, well mir kënnen alleguer zu der Informatioun bäidroen. Jiddefalls däreft Lëtzebuerg net zum Närbuedem fir esou Verschwörungstheorië ginn, esou haart wéi d'Waasserdréier an déi zimmlech impulsiv Veréierinne vu verschiddene Rietspopulisten och jäizen, fir Feindbiller um Hannergrond vun der Impfcampagne opzebauen ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - ... an d'Mënsche wëlle gleewen ze dinn, datt dës Koalitioun vun der Pandemie wëllt profitéieren, fir eng mënschefeindlech Diktatur zu Lëtzebuerg opzebauen. Dat kann et definitiv net sinn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Ech kommen zrëck zu den Impfungen. Nieft geziilten Informatiounen wëllt ech nach drop hiweisen, datt mer och nei Piste kënnen erfuerschen an datt mer deenen näischt sollen an de Wee setzen, fir Ongeimpfter ze motivéieren. A firwat an deem Sënn net och positiv Incentivë fir d'Impfung schafen?

Vun der Grillwurst bis zu Reduktionsbonge gouf et an Däitschland notamment schonn esou zimmlech alles, fir Geimpfter fir hir Solidaritéit ze belounen. Ech si kee Frënd vu grouss Belounungen, mee wann et e Wee ass, fir d'Impfung ze beschleunegen, verschléisse mer eis deem Wee net. A mir froen eis och, ob eise Mëttelstandsmi-nister, dee jo Erfahrung mat Bongen huet, ...

(Hilarité)

... vläicht guer net esou ofgeneigt wier, well e weise kann, datt Lëtzebuerg ganz kreativ ka sinn, wann et heescht, d'Leit mat an d'Boot ze kréien an zesummen alles ze maachen, fir datt mir gläich nees fräi kënnen liewen. Och do gëllt et, zesummenzeschaffen an innovativ ze ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi ëmmer wëllt ech net ophalen, ouni un d'Kanner an déi Jonk ze denken, an duerfir kommen ech zum Schluss bei si. Et gi Kanner a Jonker, déi sech net däreften testen loosson an no zwielef Joer och net däreften impfe loosson, ganz einfach, well hir Elteren dergéint sinn.

D'Diskussioun, déi an deem Kontext vum OKaJu (ndlr: Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher) ugestouss ginn ass an a Frankräich och scho leeft, fanne mer ganz interessant a wichteg. Se leeft drop eraus, datt méi konsequent op d'Matbestëmmung vu Kanner a Jonke gesat gëtt, wann et ëm hir Rechter geet, och am Beräich vun der Medezinn.

Ech schwätzen och vun der Kannerrechtskonvention, wou d'Matbestëmmung vu Kanner a Jonke groussgeschriwwen gëtt. Mir géifen et begrëissen, wann dës Diskussioun géif verdéift ginn, fir datt och déi Kanner an de Genoss vun enger Impfung ab zwielef respektiv an de Genoss vun Tester kommen an net vum gesellschaftleche Liewen ausgeschloss ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Domat soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Lorsché. An och un lech huet den Här Fernand Kartheiser eng Fro.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Wann d'Madamm Lorsché dat akzeptéiert.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Wëllt Der erëm e Film dréien?

(Hilarité)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Also, et geet mer u sech ...

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Da kritt Der nach méi Veréierinnen.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - O, Madamm Lorsché, meng Fro geet net dorëmmer. Meng Fro ass eigentlech ... Ech hunn lech ganz gutt noga-lauschert, ech hu mech och gefreet, datt Der esou bibelfest argumentéiert hutt. Mee wéi Der geschwat hutt, sinn eigentlech zwou Froen opkomm, déi am Raum stinn.

Déi éischt ass - Dir hutt iwwert d'Solidaritéit geschwat bei de Krankeversécherungen; ech mengen, dat ass einfach déi Situatioun, déi Dir uge-schwat hutt, wat mer och an der Vergaangenheet

schonn e bësse kritiséiert haten - eng ganz einfach Fro: Bekennt sech déi gréng Partei zum Solidaritéitsprinzip bei de Krankeversécherungen, inklusiv am Covid?

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Ech brauch nëmme ee Wuert ze soen: Jo.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Fein. Dat ass gutt, datt Der dat kloerstellt. Meng zweet Fro.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Dat gëtt awer e kuerze Film dës Kéier.

(Hilarité)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Wësst Der, et geet mer net ëm de Film.

■ **Plusieurs voix.** - O!

(Hilarité)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Déi zweet Fro ass dann an der Suite vun där doter Argumentatioun. Dir hutt elo fir d'éischt iwwert de Solidaritéitsprinzip geschwat, dunn hutt Der weidergemaach mat der Fräiheet an der Diskussioun doriwwer. An do ass meng Fro déi heiten: Wat ass d'Konsequenz vun Ärer Argumentatioun am Kontext Covid op aner Infektiounskrankheeten? Ech wëll elo net direkt soen, d'Gripp oder esou eppes, mee et gëtt aner Infektiounskrankheeten, déi eng héich Mortalitéit hunn. Gesitt Dir en Zesammenhang tëschent Ärer Argumentatioun hei, wat d'Impfen ugeet, an d'Konsequenzen op d'Gesellschaft a Bezuch op aner Infektiounskrankheete mat och engem héijen Taux u Mortalitéit?

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Also, ech verstinn déi Fro elo wierklech net.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Et ass ganz einfach: Äre Rasonement fir Covid, mat dem Impfen, mam Drock an esou weider, deen Der gemaach hutt - ech mengen, dat ass jo elo dat, wat Der gemaach hutt -, léisst sech mutatis mutandis och op aner Krankheeten iwwerdroen. A meng Fro un lech ass, ob Der lech däre bewosst sidd a wéi Der eigentlech d'Entwécklung vun der Gesellschaft mat deem do Rasonement virundenkt.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Also, ech stinn nach eng Kéier zu deem, wat ech gesot hunn: Do, wou et eng Impfung gëtt, fannen ech et nëmme ver-antwortlech, datt een déi Impfung wouerhëlt, et sief, et géife Géigenindicatiounen virleien, déi soen, e Mënsch kéint sech net impfe loosson. Déi mussen natierlech ganz solidaresch behandelt ginn an dat ass och richteg, datt de Modell do aspréngt. Natierlech stinn ech och zum Recht, sech net impfen ze loosson. Mee ech soe mer awer: Wa mer wëlle fräi liewen, wa mer d'Pandemie wëllen hanner eis kréien, komme mer net derlaanscht, den Impftaux ze beschleunegen oder mir mussen erëm zrëck an eng Gesellschaft mat Reegelen, mat Verbueter, déi Dir ganz bestëmmt och net wëllt.

Wann et keng Impfung gëtt, da mussen mer natierlech all déi aner Mëttelen an Instrumenter aus eisem solidaresche Santésecteur a Betrib setzen, fir jiddwerengem an dësem Land déi méiglech an néideg Soinen ze ginn, fir datt e seng Krankheet iwwerlieft.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci fir zwou kloer Äntwerten op déi Froen. An domadder kann ech d'Wuert weiderginn un den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir unzefänken en härerleche Merci dem Här Mars Di Bartolomeo fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et sinn der ewell eng jett an ech hoffen net, datt der nach vill derbäikommen, mee dat ass net méi an eisen Hän.

■ **Une voix.** - O!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - D'Regierung huet mat dësem neie Covidgesetz wëlles, d'Impfquot vun der Bevëlkerung an d'Luucht ze dreien op iwwer 80 %, fir domadder iergendwann eng Kéier d'Herdenimunitéit ze erreechen, déi allerdéngs ëmmer méi héich definéiert gëtt. Mir froen eis, wéi déi dann iwwerhaupt jeemools ze erreechen ass.

Et kann ee sech bei dësem uviséierten Taux och d'Fro stellen, firwat d'Regierung, zousätzlech zum Impftaux, net och den Immunitéitstaux matrechent. Et hu sech nämlech mëttlerweil ronn 80.000 Leit am Land mam Virus infizéiert. Wann een déi Zuel bei d'Zuel vun de Geimpften derbärechent, si mer elo schonns bei iwwer 80 %.

Dem Zil Herdenimmunitéit ginn all déi nei Covidme-suren ënnergeuerdent. An engem Rechtsstaat ass et awer esou, datt den Zweck nimools däreft e Virwand sinn, fir Mëttelen anzusetzen, déi sech géint eis elementar Fräiheete riichten.

■ **M. Roy Reding (ADR).** - Très bien!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Et ass zwar richteg, datt d'Coronakris nach ëmmer eng grouss Erausfuerderung fir d'Politik bedeit, mee dës Kris däreft net als Fräibréif benotzt ginn, fir eis fräiheetlech-demo-kratesch Rechter auszehielegen.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - D'Moossnamen, déi vun der Regierung geholl ginn, mussen der Situatioun ugemooos sinn an am Aklang mat eise Grondrechter stoen. Fir datt dës Moossnamen hir Wirkungen erreechen, mussen se op engem breede gesellschaftleche Konsens baséieren. Dat kann ee vun dësem haitege Covidgesetz, iwwert dat mer haut ofstëmmen, net soen. Dëst Gesetz wäert eis Gesellschaft weider splécken an domadder och schwächen.

Vu ville Säite gëtt Kritik un dësem Gesetz geüübt. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics schreift an hirem Avis vum 11. Oktober 2021, datt dat Gesetz zousätzlech Aschränkunge vun eise fundamentele Fräiheeten a Rechter, déi an eiser Verfassung festgeschriwwen sinn, mat sech brénge wäert, esou beispillsweis vum Recht op Privat-liewen, vum Recht drop, Handel ze dreien, a vum Recht, eng fräiberufflech Aktivitéit auszeüben.

Déi nei Mesurë verstoussen och géint international Konventiounen a Verträge, déi vu Lëtzebuerg ënnerschriwwen goufen, sou beispillsweis géint déi Euro-päesch Konventioun zum Schutz vun de Mënsche-rechter.

Dat neit Covidgesetz huet keen aneren Zweck wéi d'Erhéijung vun der Impfquot. Et gëtt an der Preamble vum Gesetz souguer drop higewisen, datt d'Covidsituatioun am Abléck hei am Land relativ stabil ass an datt d'Spideeler wäit dervun ewech stinn, iwwerlaascht ze sinn. Effektiv sinn am Moment man-ner wéi 1 % vun alle fräie Better an eise Spideeler vu Covidpatiente beluecht. Et geet also just drëms, Drock op d'Mënschen auszeüben, déi bis elo net geimpft sinn, an dat trotz de Statistiken, déi kloer be-leeën, datt mëttlerweil och een Deel kann infizéiert ginn, deen eemol oder duebel geimpft ass.

D'Impfung ass fir dës Regierung net nëmme just e Mëttel, fir d'Krankheet ze limitéieren, mee well bal e politesche Muss. Onofhängeg dervun, datt d'Ausübe vun Drock nimools an adequat Mëttel ka sinn, fir Mënschen ze iwwerzeegen, si Gesetzer net dofir do, fir Drock op d'Mënschen auszeüben.

D'Commission consultative des droits de l'homme weist an hirem Avis iwwert de Gesetzesprojet 7897 drop hin, de franséische Staatsrot zitéierend, datt déi staatlech Moossnamen am Kampf géint de Covid misste motivéiert sinn « par l'intérêt spécifique de la mesure pour limiter la propagation de l'épidémie » an esou weider « et non par un objectif qui consisterait à inciter les personnes concernées à se faire vacciner ».

D'Regierung schéngt sech net drun ze stéieren, déi sozial Kohäsioun um Altor vun der Herdenimmuni-téit ze afferen. D'Mesuren, déi d'Aarbechtswelt betreffen, sinn an hirem Kär net nëmme ongerecht an onsozial, mee och nach diskriminéierend.

Huet den honorabelen Deputéierte Mars Di Bartolomeo sech de 27. Mee 2021 als Invité vun der Redaktioun op RTL nach vehement derfir aus-geschwat, datt mer versiche sollten, dës Kris gemein-sam ze bewältegen, ouni Diskriminéierung, a Richtung méi Fräiheeten an zrëck an d'Normalitéit, esou bewierkt awer dëst Gesetz genau de Géigendeel. Andeems de CovidCheck-System op d'Betriben an den ëffentlechen Déngscht ausgedeent soll ginn - wouduerch d'Regierung d'Verantwortung fir de weidere Verlaf vun der Pandemie op d'Patronen ofwälze wëllt -, wäert et an Zukunft, dat bréngt dat mat sech, zu groussen arbeitsrechtliche Konflikter kommen, déi eis Gesellschaft wierklech net néideg huet.

Wat geschitt an Zukunft mat Beschäftegten, déi mueres kee Covidpass oder kee zertifizéierten Test virweise kënnen? D'CGFP huet d'Regierung dowéinst heftig kritiséiert, a mir als ADR schlëssen eis dëser Kritik un: Op kee Fall däre Beschäftegter, déi op der Aarbecht keen Zertifikat virweise kënnen, sank-tionéiert ginn oder souguer hir Plaz verléieren.

Iwwert dat neit Gesetz kréien d'Patronen déi legal Méiglechkeet, Leit ze benodelegen oder am schlëmmste Fall ze entloossen, déi an dëser Kris eng aner Meenung vertrieed wéi d'Regierung.

E Salaré kann an Zukunft opgrond vu Gesondheets-krittäre beziungsweis opgrond vu senger perséin-lecher Meenung zum Thema Impfung entlooss ginn. Dat ass et bis elo ni ginn! Bis elo ass de Gesondheetszoustand vum Salaré de Patron näischt ugaangen a war vum Secret médical gedeckt.

An Zukunft kann een entlooss ginn, wann ee vläicht - an ech betoune „vläicht“ - Covid huet. Et kann een entlooss ginn, wann een net nowise kann, datt een e bestëmmte Virus net huet. Dat ass e Paradig-mewiessel, net nëmme an der Aarbechtswelt, mee och an eisem Rechtsstaat!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Bis elo gouf et an eiser Gesellschaft keng Diskriminatioun opgrond vum Gesondheetszoustand oder, besser gesot, vum méigleche Gesondheetszoustand vun enger Persoun. Dat ass ganz kloer am Code pénal fest-geschriwwen ginn. Misst een duerfir de Code pénal





net ëmschreiwen? A wéi gesäit et an Zukunft aus, wann eng Influenza grasséiert? Kann een do och seng Aarbecht verléieren?

Souguer de Staatsrot werft a sengem Avis folgend Froen op, ech zitieren: « Ce refus de passer le test peut-il éventuellement donner lieu à des avertissements de la part de l'employeur, dans la mesure où il pourrait encore être considéré comme un refus d'ordre? Si ce refus implique que le salarié est renvoyé à son domicile, est-ce que ce renvoi est à considérer comme accord de congé? Ce congé sera-t-il imputé sur le congé annuel du salarié ou alors s'agit-il d'une libération de service avec maintien du salaire? Comment protéger le salarié contre un licenciement éventuel? »

Dës Froe vun eminente Juristen aus dem Land werfe vill Froen op, a mir wäerten do nach an Zukunft mat ville Froen a Schwieregkeete befaasst sinn, déi dëst Gesetz mat sech bréngt.

A firwat mussen déi eng Patronen hir Leit kontrolléieren, während all déi aner Patronen d'Wiel hunn? Jiddefalls kréien d'Chefs d'entreprises ou d'administration mat dësem Gesetz eng Muecht, déi se ni virdrun haten: Déi eenzel Beschäftigt kënnen bis zu dräimol an der Woch gezwonge ginn, en zertifizierte PCR-Test virzeleeën. Bei engem Präis vu 25 Euro pro Test mécht dat 75 Euro pro Woch aus an 300 Euro de Mount. Wéi sollen déi Mënschen, déi de Mindestloun verdéngen, dës Zomm opbréngen?

D'Patrone kënnen an Zukunft Existenzen zerstéieren, well hir Salariéen net genuch Geld hu fir medizinesch Zwecker. Esou e Gesetz diskriminéiert net nëmmen déi, déi manner verdéngen, mee och déi, déi net vill verdéngen.

A wéi ass et mat deene Leit, déi sech aus gesondheetleche Grënn, op Urode vun hirem Dokter net dierfen impfe loosson?

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Dat ass dach definéiert!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Aus all dësen Iwwerleeungen eraus wier awer emol ze froen, firwat de Schnelltest op der Plaz, deen awer trotzdeem e Virdeel huet, net ka virugefouert ginn. Do schafe mer eppes of, wat bis elo an eiser Gesellschaft - ech denken do un den Horeca-Secteur, de Sport an d'Kultur - gutt geklappt huet. Menges Wëssens no gouf et mat dësem System keng Schwieregkeeten. An dat schafe mer elo of.

Der Gambia-Regierung ass et bis elo net gelongen, Netgeimpfter mat wëssenschaftlechen Argumenter ze iwwerzeegen, sech impfen ze loosson. Duerfir ginn elo finanziell Argumenter benotzt. Wie sech net impfe léisst, muss déif an d'Täsch gräifen, an dat net nëmmen heiansdo, mee permanent. Doduerjer géift fir vill Mënschen de facto eng Impfpflicht agefouert, déi rechtsstaatlech op wackelege Bee steet.

Ech erënneren op dëser Plaz un d'Resolutioun 2361, « Vaccins contre la Covid-19 : considérations éthiques, juridiques et pratiques » vun der parlamentarescher Versammlung vum Europarot, an där d'Memberstaaten opgefuerdert ginn, ech zitieren: « de s'assurer que les citoyens et citoyennes sont informés que la vaccination n'est pas obligatoire et que personne ne subit de pressions politiques, sociales ou autres pour se faire vacciner, s'il ou elle ne souhaite pas le faire personnellement ».

Et gëtt Leit, déi wëllen net geimpft ginn. Dat hu mer ze respektéieren. Mir kënnen an dierfen dës Leit net stigmatiséieren. An enger Demokratie dierf jidderree seng Meenung hunn. Nach ni ass an dësem Parlament iwwer e Gesetz ofgestëmmt ginn, dat esou onsozial ass a besonnesch och nach déi aarm Leit esou diskriminéiert!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Wa mer schonn iwwerall certifiéiert PCR-Tester virweise mussen, da sollen dës Tester op d'mannst gratis bliwen. De Solidaritéitsprinzip an der Gesellschaft dierf net a Fro gestallt ginn.

Här President, Dir verstitt, datt d'ADR och dës Kéier dëst Gesetz net ka matstëmmen.

Ech wëilt awer nach eng Motioun deposéieren, déi speziell d'Musekschoulen an d'Prouwe betrëfft.

An zugläich froe mer och als ADR eng separat Ofstëmmung - esou wéi d'Gewerkschaften CGFP, LCGB an OGB-L dat och fuerderen - zu den Article 6 Paragraf 3 septies an zu dem Artikel 2 Paragraf 2.

Ech soen lech Merci fir Äert Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

## Motion 2

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*- den Unterrichtsministère a senger « Communication aux établissements d'enseignement musical dans le secteur communal » vum 8. September 2021 schreift, datt d'Schüler an d'Léierpersonal vun de kommunale Museksschoule während de Coursen och*

*weiderhin e Mondschutz müssen unhunn an d'Distanzreegele müssen anhalen, wa méi wéi zéng Persounen am Sall sinn;*

*- an alle Schoule vum Fundamental a vun de Lycéeën dës duebel Obligatioun fir d'Schüler a fir d'Léierpersonal zënter der Rentrée opgehewen ass, onofhängeg vun der Zuel vun de Persounen am Kllassesall, ass sech bewosst, datt*

*- déi kommunal Museksschoulen duerch dës inkohärent Reglementatioun onfair behandelt ginn an dru gehënnert ginn, normal ze fonctionéieren;*

*- et kee rationale Grond gëtt, d'Schüler an d'Léierpersonal vun de kommunale Museksschoule méi strenge Restriktiounen ze ënnerwerfe wéi d'Schüler an d'Léierpersonal vum Fundamental a vun de Lycéeën,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- d'Coronamoosnamen, déi fir d'Schüler an d'Léierpersonal vum Fundamental a vun de Lycéeën gëllen, och op d'Schüler an d'Léierpersonal vun de kommunale Museksschoulen auszedeeenen.*

*(s.) Jeff Engelen.*

**(M. Jeff Engelen dépose une demande de vote séparé sur l'article 6 (3) septies et sur l'article 2 (2) du projet de loi 7897)**

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Här President.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmoools, Här Engelen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Här President.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ee Moment wann-echgelif. Jo. D'Madamm Lorsché huet nach eng Fro un den Här Engelen.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- D'Madamm Lorsché wëllt e Film maachen.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Dat hunn ech nach ni gemaach; ech weess guer net, wéi dat geet.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Et ass un der Madamm Lorsché.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ...d'ADR ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Kartheiser, et ass un der Madamm Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Déi ass ëmmer ganz opschlossräich an déi weist op vill Methoden hin, déi mir net esou applizéieren. Voilà!

Ech hätt just eng Fro un den Här Engelen: Also, si mer eis awer eens, datt mer an enger Pandemiezeit sinn oder net? Dat ass déi éischt Fro.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Jo.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Wa jo, wat géift Dir da vu konkrete Moosname proposéieren, wann Der elo selwer Minister wäert? Wéi géift Dir de Moment mat de Moosnamen ëmgoen am Hibleck op eng Grippewell, déi wäert op eis zoukommen, wou mer awer musse wëssen, datt d'Spideeler immens Ängscht hunn, iwwerlaascht ze ginn, eeben duerch déi Grippe, déi sech zesumme cumuléieren?

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Jo, dat ass richtig, Madamm Lorsché, Dir hutt Recht. Do gëtt et nëmmen eent: datt ass eng Sensibiliséierungscampagne. Éischstens emol hu mir se ze spéit ugefaangen. Ech ka mech erënneren, datt ech eng Kéier - dat war nach am Cercel - an der Chamber gesot hat, mir misste vill méi eng intensiv Sensibiliséierungscampagne kréien.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Nee, nee, ech ...

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Well ech zum Beispill hu mech impfe gelooss opgrond vu mengem Dokter oder mengen Dokteren, déi ech gefrot hunn, net opgrond vun der Sensibiliséierungscampagne vun der Regierung.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Meng Fro war, wéi eng Reegelen Dir an dëser Gesellschaft géift gutt fannen, fir d'Pandemie ze stoppen, respektiv, sidd Dir der Meenung, datt een a Pandemiezeit ka Reegelen aféieren, déi méi wäit gi wéi déi, déi an normale Grippezäiten en place sinn? A wéi eng Reeegele sinn dat?

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Jo, do wier et scho mol einfach, ech hu jo eng Gesetzespropositioun deposéiert, fir méi Better ze hunn, well ech mengen, déi goufe jo pro 1.000 Euro (veuillez lire: Awunner) erfogeschrauft.

**(Brouhaha et hilarité)**

Ech mengen, dat wier ewell eng Moosnam, déi een hätt kënnen maachen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- D'ADR seet dat Eent a säi Contraire.

**(Hilarité)**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Engelen. An da wier et elo un der Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegeen, dat Gesetz hei bereet mir säit enger Woch Bauchwéi, warscheinlech och verschiddene vun lech.

**(M. Marc Spautz prend la présidence.)**

Mee ech muss soen, et huet mech wierklech ganz vill beandrockt an ech hunn d'Gefill, dass d'Auteure sech hei net bewosst sinn, dass se mat dësem Text e Momentum kréieren. E Momentum, dat ass, wann eppes Gesellschaftlech a Beweegung kënn, wa Wieder hir Bedeutung änneren, en Discours sech ännert an eng Norméierung ännert. E Momentum, dee riskéiert awer ganz geféierlech fir eis Gesellschaft, fir eist Zesummeliewen a fir eisen Zesummenhalt ze sinn.

Wa mer virun engem Mount beim Premierminister senger Ausso waren: „Et ass net un der Allgemengheet, fir fir eng Minoritéit opzekommen“, si mer elo bei der Ausso: „Déi Ongeimpft kréien d'Liewe méi schwéier gemaach.“ Mech perséinlech schockéieren esou Aussoen zudéifst.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Wa virun e puer Méint nach gesot gouf, et misst een de Choix vun den Netgeimpfte respektéieren, dann ass dat haut eng ganz aner Gei. An dat oui Erklärung! Wat huet säitdeem geännert? Ech wëll drop hiweisen, dass do, wou dëst Gesetz seet, et wieren „des adaptations ponctuelles“, een dach feststelle muss, dass dat en Euphemismus ass. Dat hei Gesetz geet e risige Schrëtt méi wäit a resuméiert sech doran, dass et drëms geet, Drock auszeüben op déi Mënschen, déi nach net geimpft sinn, fir dass se sech impfe loosson.

■ **Une voix.**- Genau.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Aus eiser Sicht ass dat en onwierdegt Gesetz; et ass enger Demokratie onwierdeg.

Et gëtt effektiv zimmlech oppen no baussen hi gesot, dass et drëms geet, déi eng ze bestrofen an déi aner ze belounen. Dat ass dach surreal, dass esou Politik gemaach gëtt: Déi eng belounen, déi aner bestrofen - dat kann dach net sinn! Wou si mer dann hikomm? Ech sot et déi leschte Kéier schonn: Mir sinn net hei fir déi Geimpften oder fir déi Ongeimpften.

**(Interruption)**

Ech sinn och net hei, fir mat menger kritescher Haltung déi Ongeimpften ze verrieden. Et geet ëm vill méi: Et geet ëm allgemeng gesellschaftlech Froe wéi Rechtsstaatlechkeet, Demokratie an och Zesummenhalt.

Och d'Mënscherechtskommissioun stellt sech Froen zu deem affichéierten Zil an zu de Mëttelen, déi ee sech gëtt, fir dat Zil ze erreechen. Ech zitieren: « Il ressort du projet de loi sous avis ainsi que de la conférence de presse du 8 octobre 2021 que le Gouvernement vise à accélérer la campagne vaccinale tout en rendant la vie des personnes non-vaccinées plus difficile. Toutefois, la CCDH renvoie à la décision du Conseil d'État français qui a estimé que pour „chacune des activités pour lesquelles il est envisagé“, la nécessité du pass sanitaire doit être justifiée „par l'intérêt spécifique de la mesure pour limiter la propagation de l'épidémie [...] et non par un objectif qui consisterait à inciter les personnes concernées à se faire vacciner.“ Dans ce contexte, elle exhorte le Gouvernement à justifier spécifiquement toute mesure qu'elle entend mettre en place. »

Och si stelle sech also Froen zu der Rechtfertegung vun dëse Moosname par rapport zu enger sanitärer Situatioun, an där mer sinn. An ech mengen, et ass kloer, dass déi Mesuren hei d'Situatioun net reflektéieren. Et ass virdrun och gesot ginn.

Mee ech froe mech dann an ech froen eis allegueren: Rechtfertegt en Zil d'Mëttelen? Rechtfertegt all Zil seng Mëttelen? Fir mech ass dat eng vun den determinante Froen.

Ech hunn et och scho beim leschte Gesetz gesot: Et geet hei net méi - fir mech zumindest - ëm d'Impfen oder d'Netimpfen, et geet ëm d'Aart a Weis, et geet ëm d'Mëttelen, déi ee sech gëtt. Mir si fir d'Impfen. Ech si fir d'Impfen. Ech si geimpft an ech si fir e Recht op Impfen. Ech wëll also net mëssverstane ginn.

Mir gi souguer op enger gewëssen Aart a Weis méi wäit wéi Dir an der Revendicatioun, well mir säit Méint déi Eenzeg sinn, déi och permanent op d'Fro vun der internationaler Solidaritéit opmierksam maachen. Wann et esou ass, wéi d'Ministesch et säit Méint ëmmer erëm betount, dass déi eenzeg Inconnue d'Variante sinn, da musse mer déi Pandemie hei weltwäit an de Grëff kréien an net just national. Mir soen et scho laang: Déi eenzeg nohalteg Léisung ass en universellen Zougang zum Impfstoff! Dëse muss en Allgemenggutt ginn.

Zréck bei d'Gesetz. Et geet also net ëm impfen oder net impfen, mee et geet ëm d'Aart a Weis. Elo gëtt et normal a legal, erpresseresch Mëttelen ze benotzen, well dat ass et am Endeffekt.

■ **Une voix.**- Genau!

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Deen, deen net geimpft oder geneesen ass, brauch en zertifizierten Test, dee kascht, net just, fir um sozial-kulturelle Liewen deelzehuelen - dat ass jo nach eng Saach -, mee fir kënnen op d'Aarbecht ze goen. Soss riskéiert en, net kënnen schaffen ze goen, mat all den eventuelle Konsequenzen, déi dat mat sech bréngen kann.

Ech verstinn einfach net, wéi dat een net schockéiere kann. De Legislatuer gesäit bewosst vir, dass e Mënsch seng Aarbecht ka verléieren an domadder riskéiert - hien a seng Famill -, seng existenziell Mëttelen ze verléieren an an d'Prekaritéit ze rutschen.

Här President, e Problem, deen ech och schonn e puermol héieren hunn, virun allem vu gewerkschaftlecher Säit, ass, dass de Staat heimadder seng Verantwortung ofgëtt un de Patron oder un de Chef d'administration. Dat gouf och hei scho gesot. Et ass also de Patron, deen entscheet. Eng eenzeg Persoun kann esou eng Entscheidung huelen iwwer eventuell Dosen, Honnerten oder Dausende Leit. Wéi eng Konsequenzen déi Entscheedunge kënnen hu souwuel fir de Patron wéi fir den Employé, bleift onkloer. Do kréiert d'Gesetz eng Insécurité, well et net prezis genuch ass.

Sinn déi Moosnamen hei verhältnisméisseg? De Proportionalitéitsprinzip ass eng implizitt Exigenz an engem Rechtsstaat, wann een iwwer Mënscherechter schwätzt. Et freet ee sech: Ass e Besoin do, esou restriktiv ze sinn? Oder gëtt et Alternativen? A wat ass de Kritär dofir? Proportional zu wat?

D'Spideeler sinn den Ament net an enger Kris a virdu gouf och vum Kommissiounspresident hei gesot, dass d'Situatioun relativ roueg a stabil a relativ gutt ass. Dës Moosname reflektéieren also net déi sanitär Situatioun, an där mir sinn, mee si gi geholl par rapport zu engem Zil, wat et ze erreeche gëllt.

Ech interesséiere mech fir Discoursen, an duerfir ginn ech gären e bëssen op d'Discoursen an. Deen, dee Froen zu dëse restriktive Moosnamen opwerft, kritt dacks gesot - an et ass och virdrun hei scho gesot ginn -: „Impfen ass gratis.“

Jo, mee mir hu keng Impfflicht zu Lëtzebuerg. An d'Regierung sot och, si wëllt keng Impfflicht aféieren. Mee dat hei ass awer eng Impfflicht zur hënneschter Dier eran agefouert! An dat deit och d'Mënscherechtskommissioun an hirem Avis un.

Dat ass hypocrite, wann ee gläichzäitig seet, et hätt ee keng Impfflicht, et wëilt ee keng Impfflicht, et géif een de Choix vun de Leit respektéieren, mee elo féiert een trotzdeem eng indirekt Impfflicht an!

Fir net hypocrite ze sinn, hätt mer missen oppen an éierlech en Debat féieren iwwer d'Impfflicht! An da gëtt et dat Tatschlargument: „Wéi eng Alternative gëtt et dann?“ Et gëtt gradesou gemaach, wéi wann et keng Alternative géif ginn. Déi Fro interesséiert mech. A mir mengen effektiv, wéi och Verschiedener et virdrun uklénge gelooss hunn, dass dëst Gesetz mat senger repressive Mëttelen d'Resultat ass vun enger verpasster ganzheetlecher, méi wäitgoender Impfcampagne.

Wéi gesot: Mir si fir d'Impfen. A wa mer géint dës Mesur sinn, ass et net, well mer géint d'Impfe sinn, mee well mer mengen, dass et net dee richtige Wee ass. Elo wäerte Mënsche musse bezuete fir eng verfeelten Impfcampagne.

Mir mengen nämlech, datt een hätt missen op d'Leit duergoen, hinnen nolauschteren, op hir Ängshten agoen.

**(Interruptions)**

Dat hunn ech och scho beim leschte Gesetz gesot. Ech weess: D'Impfbusser sinn ënnerwee, se ginn an d'Schoulen. Ech weess och, dass ee sengem Dokter ka Froe stellen. Dorëms geet et net! Mir mengen awer, dass vill Leit no enger oppener éierlecher Diskussioun froen. Et geet net duer, x Pressekonferenzen ze maachen a mantraaarteg den Impftaux vu 85 % ze widderhuelen.

An Ärer Informatiounscampagne, pardon, an der Informatiounscampagne vun der Regierung - ha! - ass d'Informatioun ëmmer an eng Richtung gefloss: vun deene Wëssende bei déi Netwëssend. Mir mengen awer: Wat eventuell méi Friichten kéint droen, wier, sech auserneenzesetze mat aneschtendenkende Leit, mat hiren Ängshten, mat hirer Skepsis, sech un hire Froen an eventuell un hiren Argumenter ze reiwen. Dann hätt ee kënnen Sondagen organiséieren, fir erauszefannen, wat dann déi verschidde Grënn a Motivatiounen sinn, fir sech net impfen ze loosson. Och déi Iddi gëtt vun der Mënscherechtskommissioun genannt.

D'Gesondheitsministesch hat och scho gesot, si wëllt d'Grënn verstoen. Mee e Sondage ass awer menges Wëssens net gemaach ginn. Dat ass immens schued an dat ass eng verpasste Chance. Hei hätt ee misse méi proaktiv op d'Leit duergoen.

Den Direkter vun der Santé sot och kierzlech an engem Interview, dass déi richtig Impfgéigner e





klenge Pourcentage vun deenen Netgeimpfte sinn. Mee da gëtt ee sech jo bewosst, dass en immenst Potenzial do ass, fir mat de Leit ze schaffen, fir mat hinne zesumme virunzekommen an net just, fir iwwer hir Käpp ewech Mesuren ze entscheeden, déi se am Endeffekt op eng erpresseresch Aart a Weis an den Eck drécken. En Impfgéigner ass net gläich en Impfgéigner! Ech wëll och net an den Eck gestallt gi mat den Impfgéigner. Ech fannen dat och eng onméiglech Delegitiméierungstaktik. Et ass also eng verpasste Chance, fir mat de Leit ze schwätzen.

Et sinn an et bleiwen nach vill Froen op. An och ganz vill Äntwerte sinn trotzdeem net ginn. Et si dacks grad déi onbeäntwert vun den Inkohärenzen, déi am Endeffekt d'Skepsis nieren. Och dat ass hei scho gesot ginn.

Ech géif der vläicht e puer kuerz ernimmen an ech loosse mech gären eppes Bessere beléieren, wann Der Äntwerten dozou hutt:

De CovidCheck-Regimm erlaabt et eis zum Beispill, hei ouni Masken ze sëtzen, mee mir all kënnen de Virus weiderginn. Dozou schreift d'CCDH an hirem Avis: « Selon l'Organisation mondiale de la santé et le Gouvernement même, la vaccination ne justifierait pas l'abandon d'autres mesures sanitaires. »

■ **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien!

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Ech hu mech dat och scho gefrot, an ech mengen, Dir vläicht och.

En anert Beispill: Geimpfter müssen net a Quarantän, wa se a Kontakt ware mat engem Covidpositiven. Si gi weider ronderëm eraus a kënnen de Virus mat ronderëm transportéieren. Och do loossen ech mech gären eppes Bessere beléieren.

Ech mengen, et huet een net ëmmer fir all Fro eng Äntwert, dat ass mer kloer, mee et sinn esou Kohärenzen, déi, wann ee se net uschwätzt, eeben d'Skepsis nieren an d'Leit veronsécheren. Wou ass d'medezinnesch-wëssenschaftlech Basis dofir?

Här President, et geet natierlech drëms, hei eng Balance ze fannen tëscht deenen engen hire Rechte an deenen aneren. An da soll ee virun allem net déi eng Rechter géint déi aner ausspillen. Dat ass mer kloer. Mee mir si leider scho vill ze wäit do dran. An ech froe mech, wéi mer doraus erauskommen. Ech denken, dass d'Regierung sech op enger Schinn verfuer huet an dass si sech net bewosst ass, wat si mat deenen onverhältnisméisseg restriktiven a liberticidë Moosname fir Konsequenze fir eis Gesellschaft mat sech bréngt.

Mir wäerten deemno géint dëst Gesetz stëmmen. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Spautz, Président de séance.**- Merci der Madamm Oberweis. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci als Éischt un de Rapporteur perpétuel Mars Di Bartolomeo, deen u sech virdrun näischt Falsches gesot huet, mee awer sécherlech eng Rëtsch Saachen, déi een anescht interpretéiere kann. An ech erlabe mer, an deenen nächsten zéng Minutten dorobber anzegoen, wéi mir dat deelweis anescht interpretéieren.

Mat „moderatem Drock“ déi Leit zu enger Impfung ze beweegen, déi sech bis elo nach net impfe wollten, dat ass d'Zil vum virleiende Gesetz. Et geet drëms, d'Impfbereitschaft ze steigere an domat de Gesondheetssystem nach weider ze entlaaschten, an dat virun allem elo an de méi kale Méint vum Joer. Dëst Zil, esou vill wéi méiglech Mënschen duerch d'Impfung ze schützen, zu hirem eegene Wuel an och zu deem vun hire Matmënschen, dëst Zil ass wichteg a fënnit och eis absolutt Ënnerstützung.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

D'Impfung schützt ganz vill Leit virun engem schwéiere Krankheetsverlaf. An domat schützt se net nëmmen déi eenzel Leit, déi geimpft sinn, mee och de ganze Gesondheetssystem an domat jidder een hei am Land, deen am Fall, wou ze vill Mënsche gläichzäiteg um Covid erkrankt géifen, vläicht net méi kéint behandelt ginn.

D'Zil ass also richteg gewielt, mee d'Mëttele sinn et definitiv net. Wa mer net wëllen, datt ganz Gruppen aus eiser Gesellschaft vollkommen d'Vertrauen an d'Politik verléieren, dann dierfe mer net mat Drock un déi aktuell Situatioun erugeen! Den Drock op net geimpfte Leit ze erhéijen, bedeit am Kontext vun dësem Gesetzesprojet nämlech näischt aneres wéi Erpressung vun deene Salariéen, déi et sech net leeschte kënnen, all puer Deeg en deiere Schnelltest oder e PCR-Test ze maachen.

Wat de Salaire vum Employé méi geréng ass, wat dee moderaten Drock méi héich ass, bis et carrement zu Existenzängscht kënnt. Wann eng Persoun net genuch Suen huet, fir sech all puer Deeg en neien Test ze leeschten, da gëtt si mat dësem Gesetz gezwongen, sech impfen ze loossen, wa se

net wëllt riskéieren, hir Aarbecht ze verléieren. Well dat ass dat, wat ka geschéien, wann een de Covid-Check mat anere Sécherheetsmesuren, déi een op der Aarbechtsplaz anhalen muss, gläichsetzt.

E Verstouss géint d'Sécherheetsvirschrëfte vun engem Betrib, bei deem een net nëmme sech selwer, mee och d'Mataarbechter a Mataarbechterinnen a Gefor bréngt - an dat ass nun eeben emol de Fall, wann ee géint dee vum Patron ordonnéierte CovidCheck verstéisst -, kann dramatesch Konsequenzen hunn, déi bis zur Kënnegung féiere kënnen.

Mir schwätzen hei also net vun engem klengen Drock.

■ **Une voix.**- Dach!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Mee logescherweis ass d'Pressioun op d'Persounen, déi vill Sue verdéngen, awer vill manner héich.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Clement, erlaabt Der, datt den Här Kersch lech eng Fro stellt?

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Den Här Kersch ka mer ganz gären zum Schluss eng Fro stellen. Ech géif awer ganz gär meng Erläuterungen als Éischt fäerdeg maachen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ok, jo.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Mee logescherweis ass d'Pressioun op Persounen, déi vill Sue verdéngen, awer vill manner héich: Dës Persoune mussen sech nämlech net tëscht hirer Aarbecht an enger Impfung entscheeden. Si kënnen einfach den drëtte Wee goen a sech Tester kafen. Dat geet sécher e bëssen an d'Geld, mee den Drock, deen op dese Leit laascht, ass absolutt net vergläichbar mat deem, deen op deene Leit laascht, déi souwisou schonns all Su dräimol ëmdréine müssen.

■ **Une voix.**- Ganz richtig!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Am schlëmmsten trifft et jo déi Leit, déi guer näischt méi hunn, déi op der Strooss liewen an déi ouni CovidCheck elo net emol méi eng waarm Molzecht kënnen kréien, well dat neit Gesetz keng Ausnam fir d'lessensausgab fir Sans-abrise virgesäit, soudatt dës Strukture mat all den anere Restaurante gläichgesat ginn. Dës Leit kënnen sech jo definitiv keng Tester leeschten a ginn domadder wierklech gezwongen, sech impfen ze loossen, wa si nach eppes z'iesse wëlle kréien.

Mir riskéieren hei - oder mir hunn et scho gemaach -, eng Pandemie vun deene Prekären ze schafen! Dat ass, fannen ech, wierklech grausam! An dat eleng ass fir eis scho Grond genuch, géint dese Gesetzesprojet ze stëmmen. E Gesetz, dat Persoune mat héije Salairé bevirdeelegt a Mënsche mat méi klenge Salairen oder ouni Akommes erpresst, huet mat sozialer Gerechtegkeet näischt ze dinn an dierft vun dësem héijen Haus net gestëmmt ginn!

Mee dës offensichtlech Ongerechtegkeete sinn trauregerweis emol nach net deen eenzege Grond, dëst Gesetz net matzestëmmen. Dobäi kënnt nach, datt dee mat dësem Gesetz gewieltene Wee och nach komplett un der Realitéit vun de Leit vun dobause laanschtgeet a mer soumat domat riskéieren, eist Zil, wat louabel ass, ze verfeelen.

Ech sot et schonns: Ech si bei der Zilsetzung ganz op der Säit vun der Regierung. Eist Zil sollt et sinn, datt esou vill Mënsche wéi méiglech vun der Impfung profitéieren. Mee wéi solle mer dat mat Erpressung erreechen?!

Kucke mer eis dach eemol un, firwat verschidde Leit sech nach ëmmer net wëllen impfe loossen.

Do hu mer engersäits déi Persounen, déi Angscht hunn, datt se vun enger Impfung elo oder méi spéit kéinte schlëmm krank ginn oder stierwen. Dës Persounen hu méi Angscht virun der Impfung wéi virun der Infektioun mam Virus.

Menge mer wierklech, datt dës Persoune sech elo impfe loossen, well se anescht müssen Tester bezuelen oder eventuell souguer hir Aarbecht verléieren, falls se keng Sue fir reegelméisseg Tester hätten? Mir schwätzen hei vu Persounen, déi der Meenung sinn, datt d'Impfung hiert Liewe gefäert. Wann ee meent, datt ee vun der Impfung stierft, ma dann impft ee sech net, och net dann, wann et vill Suen oder souguer d'Aarbechtsplaz géif kaschten! Drock op dës Mënschen auszeüben, féiert also net zu enger méi héijer Impfbereitschaft, mee just zu méi Angscht a Leidensdrock bei dese Leit an eventuell souguer zu méi Aarbechtslosen.

Dat selwecht gëllt fir Persounen, déi schonn eng Covidinfektioun haten an déi denken, datt se ëmmer nach gutt virun enger neier Infektioun geschützt wiere beziéungsweis datt hire Kierper déi éischt Infektioun jo gepackt hätt an datt duerfir och déi nächst packe kéinten. Dës Persoune gesinn einfach kee Grond, en Impfstoff mat eventuellen Niewewirkungen ze huelen, well se sech jo fir gutt geschützt halen.

Och bei dese Persounen ass unzuhuelen, datt eng Steigerung vum Drock op der Aarbechtsplaz net de

gewünschten Effekt wäert hunn. Och hir Ängschte virun den Niewewirkungen vun der Impfung wäerten net verschwannen, just well de Patron de Büro zu enger CovidCheck-Zon erkläert.

An da muss ee jo nach un déi Leit denken, déi net geimpft sinn, well se e Komplott witteren: déi Persounen, déi sech net wëllen impfe loossen, well se mengen, datt Politiker mat der Pharmaindustrie iergendwéi ënner enger Decke géife stiechen, fir u Muecht ze gewannen a Geld ze verdéngen.

(**Interruption**)

Ech fannen et ëmmer erëm erstaunlech, wat se eis alleguerten zoutrauen. Am Ufank hu mer jo awer gesinn, wéi d'Navigation à vue deelweis gefuer gouf. Mir hunn eis Impfcampagne net wierklech an d'Rulle kritt. Mir hunn all déi aner Mesuren net ëmmer ganz eenheetlech kritt. An dann ënnerstelle Leit eis, datt mir 60 plus d'Regierung plus all déi Beamten, déi dorunner schaffen, et géife fäerdegbréngen, fir esou e Komplott ganz laang geheim ze halen, ob et elo vu Chambers- oder vu Regierungssäit ass.

(**Brouhaha**)

An dat Bescht ass: Allkéiers, wa mer Bureau/Conference hunn, wou de Premier eis da fret: „O, hu mer schonn e Push kritt oder net?“ - dat weist jo, datt mer et warscheinlech guer net géife fäerdegbréngen, esou e Komplott ganz laang geheim ze halen, ob et elo vu Chambers- oder vu Regierungssäit ass.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Dir sot et, mat der Geheimhaltung, Dir sot et!

(**Hilarité**)

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Dës Leit, déi also un e Komplott gleewen, déi Leit, déi sech dowéinst net wëllen impfe loossen, ma deene geet et elo guer net méi drëm, hei e Statement iwwer Gesondheet ze maachen. Do ass de Fait, sech net impfen ze loossen, ewell eng Aart politesche Statement. Andeems dës Leit sech net impfe loossen, wëlle si dem Staat och weisen, datt e si net kontrolléiere kann.

A grad dës Persoune wëlle mer elo mat méi staatlech Drock zu enger Impfung motivéieren?! Datt hei d'Erhéijung vum Drock duerch Mesuren op der Aarbechtsplaz net wäert zum gewünschten Zil féieren, dat muss ech wuel hei net laang erklären. All Zwangsmesure, all Drock bestätegt dës Persoun jo nëmmen an hirem Glawen, datt de Staat seng Muecht an alle Felder vum private Liewe wëllt ausbauen! Do erreecht ee guer näischt. Do mécht een et mat Drock just nach méi schlëmm, andeems een hire Widderstand unheizt, well een ongewollt hir Ängschte confirméiert.

An ech fannen et problematesch, well dat Argument vun der „schweigenden Mehrheit“ gëtt ganz gäre vun dese Leit benotzt. En Argument, wat op där anerer Säit dann och virdru vun der Madamm Lorsché benotzt gouf fir ze soen, déi Leit, déi sech impfe gelooss hätten, wäeren eng „schweigende Mehrheit“. Ech fannen d'Argument vun de „schweigende Mehrheiten“ immens problematesch.

Leit, déi eng Meenung hunn, ob fir d'Impfung oder géint d'Impfung, solle se äusseren! A wann déi Leit, déi fir d'Impfung sinn, sech géifen äusseren, da géife mer jo gesinn, ob et déi „schweigende Mehrheit“ gëtt. Et ass ganz geféierlech ze mengen, datt ee selwer d'Wouerecht gepacht hätt, a sech op eng „schweigend Mehrheit“ ze baséieren. Et ass wichteg, datt d'Leit hir Meenung soen! An ech denken - an dat soen ech als ee vun deene villen heibannen, déi geimpft sinn -, datt et wichteg wär, datt och déi Leit, déi geimpft sinn, nach eng kéier hir Positioun ganz kloermaachen.

Déi eenzeg Grupp vu Leit, déi mer afält, déi duerch dese Gesetzesprojet also kéint motivéiert ginn, sech impfen ze loossen, ass déi, déi sech bis elo einfach Zäit gelooss huet, déi net d'Zäit fonnt huet, fir sech impfen ze loossen.

Mee nodeems d'Impfcampagne jo elo awer schonn eng Zäitche leeft, sinn ech awer zimmlech skeptesch, datt et där nach ganz vill gëtt. A wann et esou sollt sinn, datt et där nach vill gëtt, da muss een et nach méi einfach maachen! Et kann dach net sinn, datt et méi einfach ass, sech moies um eng Auer eppes Ongesondes ze maachen, andeem een am Drive-in nach e Burger kafe kann, wéi sech impfen ze loossen. Duerfir wäerte mer ... Ech wäert herno nach zur Motioun vun der CSV schwätzen, mee déi ass mer ganz sympathesch.

Déi Leit, déi wëlle geimpft ginn, si mëttlerweil geimpft. Wien elo nach net geimpft ass, ass skeptesch, huet Angscht, mécht sech Suergen ëm sech oder seng Kanner. Wa mir, wat eis Impfquot ugeet, en anstännege Sprong no vir wëlle maachen, mussen mer de Leit dës Ängschten huelen. An dat wäert net goe mat Mesuren, déi d'Leit erpressen oder Drock maachen. Wann d'Politik den Drock erhéicht, kréien d'Leit just nach méi Angscht a mir schëdde Waasser op d'Mille vun deenen, déi mengen, de Staat wëllt se just kontrolléieren oder kujenéieren. An dat mécht alles just nach méi schlëmm.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir Piraten leenen de virleiende Gesetzesprojet also aus eetheschen a politesche Grënn of. Mir halen déi proposéiert Mesurë fir ongerecht an absolutt net zilféierend. Duerfir wäerte mir dese Projet haut net matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Mee ech mengen, den Här Kersch hat nach eng Fro.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Absolutt, jo. Den Här Kersch.

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Ech ginn a mengem Bäitrag kuerz drop an, da maachen ech d'Saach méi kuerz.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ech stelle fest, et gouf awer keng Fro. E wollt mech just ënnerbriechen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, ...

(**Brouhaha**)

... d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Egal wat, déi Remark!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- E wollt eng Fro stellen; da soll e se stellen!

(**Brouhaha**)

Also, e wollt keng Fro stellen, e wollt just ënnerbriechen. Kommt, et ass dach politescht Gespills!

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Den Här Clement hätt gären onbedéngt eng Fro gestallt. E kritt duerno eng Äntwert. Dat misst em dann duergoen.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Dat ass d'Politik vun deser Regierung.

(**Interruptions**)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Madamm Lenert, Dir hutt d'Wuert.

**Prises de position du Gouvernement**

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Situatioun an Europa a weltwäit ass nach ëmmer kritesch, ob een et wëllt wouerhunn oder net. Do, wou en niddregen Taux de vaccination ass - dat ass haut ganz ersiichtlech fir jiddwereen, dee sech mat den Zuelen auserneesetzt -, do ginn d'Erkrankungen erop, do ginn d'Hospitalisatiounen erop.

Mir brauchen nëmmen no Osten ze kucken. A Bulgarien hu mer en Taux de vaccination vun 23 % bei den Erwuessenen, a Rumänien 34 %. A wann Der d'Aktualitéit kuckt, gesitt Der, wat dat bedeit: Do weist sech dës Krankheet, dës Pandemie mat hirem ellenste Gesiicht erëm eng kéier, wou et an de Spideeler hanne bäi a vir widder ass, wou näischt méi fonctionéiert - alles dat, wat mer säit Méint probéieren ze evitéieren.

Wéi gesäit et an Europa aus? Et gëtt eng rezent Analys. Déi gi reegelméisseg gemaach vun der ECDC, dat ass déi Behörde, déi mer alleguerten kennen iwwert déi lescht 19 Méint, wou eng Aschätzung gemaach gëtt op Basis vu fënnef verschiddenen Indicateuren, fir ze kucken, wou d'Länner dru sinn.

Op d'Woch 40 gekuckt - et gëtt fënnef verschidde Kategorië vun Aschätzungen -, hu mer fënnef Länner, déi „very high concern“ sinn, dat heescht, wou sech ganz grouss Suerge gemaach gëtt. Dat ass kee Wonner: Dat ass Bulgarien, Rumänien, Estonien, Litauen a Lettland. Da sinn der zwee, wou sech nach héich Suergen gemaach gëtt: Irland an d'Slowakei. 12 am Mëttelfeld - moderat Suergen -: Och mir sinn do derbäi, zesumme mat Benelux, mat Éisträich, Dänemark ënner anerem, Finnland, Däitschland. An da kommen déi, wou ee sech am Moment e bësselche manner Suergen muss maachen opgrond vun der europäescher Aschätzung: Dat sinn der nach eng kéier 9 mat niddreger Suerg, wou Frankräich derbäi ass, Portugal ënner anerem. A weineg Suergen zu dësem Zäitpunkt fir Italien a fir Spuenien.

Mir leien also, wann een dës Aschätzung kuckt, am Mëttelfeld, wat de Risiko ugeet, fir erëm eng kéier an eng Situatioun ze kommen, déi mer net wëllen. Do leie mer am Mëttelfeld mat engem moderate Risiko, dat trotz Mesuren - ech géif et gären nach eng kéier ervirsträichen -, déi duerchaus méi labber si wéi an deene meeschte Länner ronderëm eis.

Mir leien och am Mëttelfeld mat der Vaccinatioun. Ech géif gäre korrigéieren: Ech hu meng Zuelen, déi ech mer herausgeschriwwen hunn op de 17. Oktober; do si mer nach ëmmer liicht iwwert der Moyenne. Et ass net wäit driwwer, mee et ass nach ëmmer driwwer. Den Här Wiseler huet gesot: „Mir sinn drënner.“ Also, ech hunn op de 17. Oktober hei d'EU-Moyenne gelies mat 73,9 % fir déi Erwuessen; do si mir bei 74,5 %, dat ass driwwer. A bei der ganzer





Populatioun si mer och driwwer: Do ass d'EU-Moyenne bei 63 % a mir si bei 63,9 %. Gutt, dat ass net fir sech ze mengen, dass een driwwer ass, mee et ass awer korrekt ze soen, dass mer driwwer sinn an net drënner zu dësem Zäitpunkt.

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Madamm Ministesch, ech wëll just soen: Et ass awer net, datt ech hei eppes gesot hunn, wat bewosst falsch wär. Meng Zuele komme vun „Our World in Data“ vum 13. Oktober, déi dat anescht ugin. D'Zuelen op d'ganz Populatioun gerechent ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**.- Jo, „Our World in Data“ ass effektiv net aktuell. Ech hat deen och gekuckt. Wann Der dorop klickt, gesitt Der, dass de lëtzebuergeschen Taux vun Ufank September deen ass, dee si nach hunn, während aner Länner vun Oktober sinn.

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Nee, nee, nee et ass dee vum 13. Oktober. Dir hutt zwou Aart a Weisen, fir drop ze klicken a fir eranzegoen. Mee ech wëll awer elo kee Sträit iwwer Statistike mat lech ufänken. Ech wëll lech ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**.- Hei ass et déi europäesch Statistik, déi d'Basis ass, och fir den „Our World in Data“.

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Jo, dat anert ass ... Jo, ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**.- Ech gleewen lech dat awer gären. Et ass verwirrend. Ech weess, déi Zuelen, ech muss se och ëmmer allegueren kucken an dann ... Mir referéieren eis op déi europäesch. Et ass do, wou mer eise Reporting maachen. An dat sinn u sech déi fiabelst. Dir hutt bei „Our World in Data“ eeben heiansdo ënnerschiddlech Datume vun de Relevéen, déi opgehall sinn. Dat heite sinn déi offiziell Zuelen.

Ech géif och gären ënnersträichen, dass et net richtig ass, dass do, wou Drock gemaach gëtt, d'Zuelen net eropginn, obwuel mer elo net wëlle vum absoluten Drock schwätzen. Mee et ass eng Tatsaach, dass an deene Länner, wou d'Regimier gestrafft gi sinn, dach awer den Taux de vaccination eropgaangen ass. Ech wëll nëmme Frankräich zitieren. An och bei eis hu mer gemierkt, dass aleng schon d'Annonce vun dese Mesuren derzou gefouert huet, dass, op eng Woch gekuckt, awer 60 % méi Leit sech impfe gelooss hunn, wéi dat nach déi Woch virdrun de Fall war.

Generell - et ass gesot ginn, ech ginn net méi drop an -: Eis Situatioun ass nach stabil. De Pronostic, dee vun der europäescher Gesondheetsbehörde kënnt, geet awer an d'Richtung, dass mer iwwert déi nächst zwou Woche mat engem Ustig vun den Hospitalisatiounen mussen rechnen an Europa an och hei zu Lëtzebuerg. Dat ass eeben dee moderate Risiko, deen am Raum steet. Dat ass dat, wat eis virusgesot gëtt.

A wat mer eis virun Aen halen als Zil - et ass och schonn e puermol ugeschwat ginn -, dat ass nach wie vor en Taux, deen eebe méi héich ass, deen tëscht 80 % a 85 % läit. Dat ass dat, wat d'Experten eis ugin. Firwat dat Zil? Nach eng Kéier: Net well mer mengen, dass mer domat de Covid ganz lass ginn, mee mat deem doten Taux gëtt ons virausgesot, dass een déi schwéier Erkrankungen, déi Erkrankungen, déi zu engem schwéiere Verlaf féieren an domadder zu enger Hospitalisatioun, einfach am Grëff kann halen.

Dese Risiko ass ofzeleeden - an ech géif dat gären ënnersträichen - net vun den Neiinfektiounen, well mir wëssen, dass och geimpfte Leit sech kënnen infizéieren. Et ass ofzeleede vun den Erkrankungen. An déi gesi mer an den Hospitalisatiounen. Dofir suivéieren mer eebe ganz enk: Wéi steet et och grad bei deene Länner, déi scho Freedom Day haten, wou elo eebe mam Ustig, deen iwwert den Hierscht kënnt, ofzawaarden ass, wat dat genau wäert bedeide proportional an de Spideeler um Niveau vun den Erkrankunge mat Hospitalisatioun?

Just nach eng Kéier als Rappel - d'Zuele kann een net oft genuch widderhuelen, mir hunn der entretemps; laang hate mer keng, dunn hu mer misse spekuléieren -: Haut wësse mer, och wa mer eis eegen Zuele kucken, dass de Risiko vun enger Neiinfektioun, wat net de Risiko vun enger Erkrankung ass, dräi- bis véiermol méi héich ass fir Leit, déi net geimpft sinn, wéi fir Leit, déi geimpft sinn.

An de Risiko vun enger Erkrankung mat engem schwéiere Verlaf, dat heescht, mat enger Hospitalisatioun, wa mer eis Zuele kucken - ech hunn déi eng Kéier reékanalyséiert vu Juli un elo -, wa mer eleng de CHL huelen, wat de Service national des maladies infectieuses ass, da gesäit een, dass de Risiko fir eng Persoun, déi net geimpft ass, hei zu Lëtzebuerg 15-mol méi héich ass, wa se da Covid kritt, am Spidol ze lande mat engem schwéiere Verlaf, wat net agreabel ass, wat ganz vill Aarbechtskraaft fuerdert, wéi dat de Fall ass fir Leit, déi eebe geimpft sinn.

Erlaabt mer - ech wäert dofir e bësselche méi mussen aushuelen, mee et ass ze vill oft gesot ginn an ervirgestrach ginn -, e puermol wuert zu eiser Impf-

campagne ze soen. Mir hunn eng Impfcampagne iwwer Méint lafen, souwuel an de soziale Medien, souwuel analog wéi och vis-à-vis vun de Professionnels de santé, déi wierklech gutt Ambassadeure sinn an och éischt Uspriechpartner vun de Leit, wa se Froen hu wéinst hirer Gesondheet. Ech géif lech just gären e puermol Chifferen dozou ginn, fir dass mer hei eng objektiv Basis hunn.

Wann ech vun enger Impfcampagne schwätzen, da mengen ech domat absolutt net eis Pressekonferenzen; déi hunn e ganz anere Sënn an Zweck. Ech mengen domadder d'sozial Medien, wou mer iwwer 165 Poste gemaach hunn. Mir hunn eng 20 Videoen opgehall - mat Experten! Dat si keng politesch Videoen, dat sinn ënnerschiddlech Experten, déi mer schwätze gelooss hunn, déi mer erkläre gelooss hunn. Mir hu Motion-Design-Videoen; dat sinn der nach eng Kéier 35.

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Hei, alleguer, déi opmierksam nolauschten, déi wiere frou, wann et e bësse méi roueg wier heibannen! Merci villmools.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**.- Mir hu Facebook-Live-Events ab Oktober d'lescht Joer geschalt, all Woch: mat Leit aus eiser Direktioun, mam Direkter selwer, mat Virologe vun eis, déi ganz vill Succès haten, wou d'Leit live konnten hir Froen stellen. An déi lafen och elo am Hierscht nees un.

Dann, fir op dat Analooft ze kommen, well mir mussen jo op alle Pläng present sinn, net nëmme an de soziale Medien, fir déi Leit, déi do ënnerwee sinn, mee och fir déi aner: Do hu mer bis elo dräi ganz Campagnë lancéiert. Eng véiert ass an der Maach, déi souwuel Print, wéi Digital, wéi Affichage, wéi Buspanneauen huet. Mir hunn eng ronn 15 Toutes-boîtes gemaach, souwuel national wéi och elo regional oder mat de Gemengen, spezifescher, an ënnerschiddleche Sproochen. Mir hu 17 Depliante gemaach. Mir hu 7 Radioscampagnë lafe gehat.

An dann, fir op déi Professionell ze kommen, wat eis beschten Ambassadeure sinn, ech mengen, dat ass hei och erwänt ginn, dat ass dat, wat een als Tendenz huet: Wann ee Froen huet, wenn ee sech u säin Dokter. Dofir si mer ganz fréi present gewiescht bei de Professionellen, mat 24 Newslettern, déi fir si opbereet gi sinn an och weider opbereet ginn. Mat Impfbotschafter: 133 Impfbotschafter si forméiert, sinn ekipéiert mat Material, fir an hirem Ëmfeld - dat hu mer zesumme mat der ANIL gemaacht -, do wou se schaffen, Interlocuteur fir d'Leit ze sinn an Erklärungen ze ginn.

Mir hu Lunchtalks gehat a Webinare mat de Gesondheetsberuffer, och eng gutt Dosen, wou se konnten hir Froen stellen, wou se ëmmer op dee leschte Stand gesat gi sinn, fir informéiert ze sinn, wann d'Leit se dann uschwätzen.

Mir hunn, fir an all Ecker eranzekommen, zesumme-geschafft mam CLAE, fir ze verstoen, wéi déi eenzel Communautéite fonctionéieren, fir do d'Kommunikatioun och unzepassen.

Mir hate mat eise Sozialpartner, mam OGB-L schonn am Juli Eventer, wou 300 Delegéierter souwuel op Franséisch wéi op Lëtzebuergesch Informatiounen kritt hunn iwwer Webinare fir ze verstoen, ëm wat et geet, fir hire Leit, wa se bei si kommen - si si jo och privilegiéiert Uspriechpartner -, déi entsprechend Erklärungen ze ginn.

Mir hu mat der UEL zesummen e Questionnaire ausgeschafft gehat fir ze verstoen, firwat d'Leit sech net impfe loosse. Do hu mer Resultater. Déi hu mer net public gemaach, well se statistesch net wierklech relevant sinn. Et sinn eng ronn 800 Äntwerte komm, mee dat war aus den Experten hirer Vue net wierklech wegweisend fir eis.

Mir hu mat der Horesca zesummen eng Campagne, déi mer elo starte fir d'Impfung.

Mir hu mat der Uni zesumme-geschafft um Campus: Informatiounsseancë mat Experten - net mat Politiker, mat Videoe vun Experten, déi gewise gi sinn, fir och do drop hinzegoen.

Och an de Schoule gëtt et elo eng extra Newsletter a Richtung vun deene jonke Leit. A mir wäerten an där doter Richtung weiderfueren.

Eis beschte Source fir ze verstoen, firwat d'Leit Angscht hunn, firwat se sech eréischt méi spët impfe loosse, dat sinn déi Leit selwer, déi impfen. An den Impfbusse froen mer dat och ëmmer gären of, firwat d'Leit hesitéiert hunn, firwat se elo eréischt kommen. Dat ass en extreem gudd Feedback an do gëtt een ëmmer erëm gewuer, dass dat net déi typesch Impfgéigner sinn, mee einfach Leit, déi Ängshten hunn, déi einfach nach ëmmer Froen hunn. An dofir wäerte mer och weiderhin d'Impfcampagne fueren.

Ech wollt just e Wuert zur Motioun soen. Mir wäerten d'Bussen an dem Hierscht, wann et méi kal gëtt, méi zréckfueren, well et einfach kal ass, dobaussen drop ze waarden. Da wäerte mer méi eragoen a mat de Gemenge kucken, wéi mer do Léisunge fannen. Mir hunn eng Rei Gemengen, déi och schonn owes op si bis acht oder hallwer néng Auer, souguer

néng Auer zum Deel. Samschdes ass och zum Deel op. Mir gesinn awer, dass dat net onbedéngt vill méi Leit unzitt. Déi grouss Majoritéit vun de Leit sichen d'Impfung nach am Dag.

Eis Approche ass et, net ze stigmatiséieren, justement, och net mat der Angscht ze spillen. Eis Approche an Ambitioun war et an ass et nach ëmmer, e Maximum un Informatiounen erauszeginn, d'Leit ze iwwerzeegen, d'Leit escht ze huele mat hiren Ängshten an op se anzegoen.

Mir wëllen effektiv keng Lëschte vu Leit, déi geimpft sinn oder net. De CovidCheck-Regimm, wéi mer en elo kennen, ass e ganz diskreete Regimm an deem Sënn: E gëtt rout oder e gëtt gréng; do gesäit een net, ob eng Persoun geimpft ass oder net. Et ass och dat, wat mer wëllen. Mir wëllen net stigmatiséieren.

A jiddereen huet och Recht op Soinen an deem Land hei, ech géif dat och gären ënnersträichen. Mir héieren nämlech ganz vill Stëmmen a vill Richtungen. Et ass effektiv hors de question, fir do en Ënnerscheid ze maachen. An deem Land hei soll jiddwereen - dat ass en Zil - seng Soine kréien, ob en elo u Covid erkrankt ass, ob e geimpft ass oder net! Dat ass eng grouss Suerg. Alles anescht wär eethesch net korrekt!

D'Mesuren, déi mer huelen, souwéi déi ganz Gestiou hei, déi mécht engem vill Kappwéi, vill Bauchwéi, an dat net eréischt säit enger Woch. Et ass ni einfach. Et muss ëmmer en Equiliber fonnt ginn. Den Equiliber ... D'Stëmmen sinn oft anerer, et sinn aner Theemen, déi am Virdergrond sinn, mee et war nach ni einfach. Et waren nach ëmmer kontradiktoresch Stëmmungen a mir hunn nach ëmmer misse ofweien, fir deenen eenzelnen Erwaardunge gerecht ze ginn, déi sech ganz oft widdersprach hunn, déi am Géigesaz stinn. Dat ass haut net anescht.

Haut fuerdere ganz vill Geimpfter Normalitéit. Si wëllen erëm kënnen profitéieren duerch dee Gest, dee se gemaach hunn. Si froen e CovidCheck-Regimm, well et awer erlaabt, sech op der Aarbecht, wou een zum Deel stonnelaang mat Mask muss setzen, iwwert de Wee vum CovidCheck erëm vill méi fräi kënnen ze beweegen, erëm senger Normalitéit méi no ze kommen. Op d'anerer Säit hu mer déi Leit, déi der Impfung méi skeptesch vis-à-vis stinn, déi no Alternative froen, déi eng Impfpflicht net wëllen.

A genau deen Equiliber siche mer. En Equiliber ass ëmmer e Kompromëss, e wäert ni perfekt sinn. Et wäerten der ëmmer sinn, déi net zefridde sinn. Soulaang mer kee Freedom Day hei kënnen proklaméieren, wäert dat och esou bleiwen. Soulaang mer mat Mesurë schaffen, wäert et eis net méiglech sinn, jiddwerengem gerecht ze ginn.

Eisen Equiliber, dee mer ustriewen, ass en Equiliber, wou et keng Impfpflicht gëtt. Ech wiere mech dogéint. Mir schwätzen hei net vun enger Impfpflicht. Tout au plus kann ee soen: „Et ass eng verkappten Testpflicht“, jo. Mee et ass keng Impfpflicht. Dat ass ganz bewosst esou. Mir wëllen och net en 2G à ce stade, dat wär nämlech genau dat; aner Länner ginn op dee Wee. Mir wëllen d'Méiglechkeet vun Teste bidden, déi Alternativ, déi d'Leit revendiquéieren, an dat ass déi vum Test, déi mat zu enger Impfung bidden.

Fakt ass awer och, dass mer et hei nëmme kënnen packen, schnell weiderzekommen, wa mer deen Taux de vaccination eropkréien. Mir hätte jo gären, et wier anescht, mee et ass awer net anescht! Et gëtt net wierklech Alternativen dozou. Dofir ass all Dag, deen zielt. All Dag, wou weider geimpft gëtt, wou mer Leit iwwerzeegt kréien, bréngt eis eisem Zil méi no.

Dofir huet och de Choix vun engem, deen der Impfung skeptesch vis-à-vis steet - och wa mer dee respektéieren, an ech respektéieren deen absolutt -, awer e Präis: En dréckt eis no hannen. An no-kucken, ouni ze acceleréieren, dat ass an eisen Aen net am Sënn vun der allgemenger Gesondheet, net am Interessi vun der Allgemengheet.

Firwat? Engersäits gëtt et e Risiko fir netgeimpfte Leit - netgeimpfte Leit, déi vläicht eligibel sinn, fir sech ze impfen -, mee et gëtt och anerer: Denke mer un déi Jonk ënner zwielef Joer; déi kënnen nach net geimpft ginn. Mir wëssen haut nach net, wat Long-Covid eis reservéiert. Do weess een nach net genuch dovun. Mir wëssen haut, dass och Kanner kënnen esou Saache kréien. Dat ass e Risiko, deen an der Loft ass. Anerersäits hu mir och eeler Leit. Mir hu Leit, déi eng schlecht Immunitéit hunn; déi kënnt Der impfen esou vill Der wëllt, déi wäerten ëmmer exposéiert bleiwen. Dat ass nach ëmmer en héije Risiko. Mat deem Prozentsaz, dee mer haut hunn, ass dat net ze vertrieden, alles opzehiewen.

Et ass also aus Respekt och virun deenen, déi schutzlos si virun dem Virus, deenen och eng Impfung net wierklech hëlleft, aus Respekt och virun deene Leit, déi säit 19 Méint un der Front stinn, wou mer hei wëllen acceleréieren. Si hunn Angscht, dass et erëm eng Kéier esou ausufert, wéi

dat am Moment a verschiddene Länner de Fall ass. Mir kënnen et net ausschléissen. Een, deen et mat-gemaach huet, deen un der Front steet, deen huet och Angscht. Déi ass vläicht net onbedéngt rationell, proportionéiert. Mee déi Leit wëssen, wat se hannert sech hunn.

An d'Richtung, déi mer proposéieren, ass effektiv, de Choix - dee mer respektéieren! - net méi weider aktiv ze ënnerstëtze vun öffentlecher Säit. Mir ënnerstëtzen et just nach do, wou kee Choix ass fir d'Leit. Där Situatiounen gëtt et, dat wësse mer. An déi Leit sollen natierlech och kënnen gratis getest ginn. Mee do wou e Choix ass, respektéiere mer de Choix wuel - mir gesinn e vir als 3G, dass ka weider getest ginn, dass dat eng Alternativ zu der Impfung ass -, mee mir ënnerstëtzen et an deem Sënn effektiv net méi weider, well mer eisem Zil wëlle méi nokommen!

Firwat? Net well mer de Leit wëllen d'Liewen onméiglech maachen, mee ganz einfach, well mer kee Choix hunn! Wa mer wëllen e Freedom Day hei zu Lëtzebuerg hunn, da mussen mer einfach nach e bësselche méi Leit iwwerzeegt kréien. Mir wäerten och net all Mënsch mussen iwwerzeegen! Kloer: Et wär och naiv ze mengen, dass een dat kéint, a mir wëllen dat net. Mir wëlle keng Impfpflicht! Mee mir brauchen der awer nach e bëssen.

Ech si ganz d'accord - et ass e puermol gesot ginn -: Dee Prozentsaz, deen nach net geimpft ass, dat sinn net alles Impfgéigner! Ech si mer absolutt bewosst, dass déi Leit, déi op der Strooss waren des Woch, och Leit sinn, déi Angscht hunn, déi Angscht hunn, dass nach aner Schrëtt kommen, dass et sech nach méi verschäerft. A mir mussen deene Leit einfach nach weider d'Méiglechkeet ginn, sech ze informéieren. Ech sinn iwwerzeegt, dass do nach en Deel ass, dee mer iwwerzeegt kréien: Leit, déi och einfach nach Informatioun brauchen, déi berouegt mussen ginn. An et ass op deem Wee, wou mer hoffen, wierklech dee kleng Schrëtt nach ze maachen, deen et eis erlaabt, eisem Zil méi nozekommen.

Ech géif also dofir haut ofschléissend wierklech den Appell maachen: Informéiert lech weider! Mir maachen alles, wat mer kënnen, fir lech Informatiounen ze ginn. Lauschtert net just eng Klack! Et fënnst een immens vill Informatiounen. An ech ka jiddwerengem nëmme roden, vläicht ënnerschiddlech Leit ze lauschten a sech da seng eege Meinung ze maachen. D'Zuele schwätzen haut eng ganz kloer Sprooch. An et gëtt ganz vill mat der Angscht gespilt.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn all zesummen an d'Pandemie eragerutscht. D'Länner sinn ënnerschiddlech getraff ginn; d'Leit sinn ënnerschiddlech getraff gi jee no Gesondheitszoustand, jee no sozialem Status och. Mee haut hu mer et an der Hand, bei deenen Éischten ze sinn, déi ukommen, déi duerch d'Zillinn ginn. Dat weess een haut, dass dat ka goen. An dat kënnen mer nëmme, wa mer sachlech bleiwen. Dat ass dat Éischt. Ech maache wierklech en Appell zur Sachlechkeet! Dat ass deen eenzege Wee, fir hei weiderzekommen. An ech bedauern et effektiv haut, an deemem schwéieren Endspurt, net méi Ënnerstëtzung virzefannen hei am Raum. Dat ass eppes, wat mer eis dann op d'Kaart mussen schreiwen.

Ech sinn iwwerzeegt, dass mer allegueren als Gesellschaft ee gemeinsaamt Zil hunn: Eist gemeinsaamt Zil ass et justement, eis Rechter zréckzekréien, esou schnell wéi méiglech unzokommen, esou schnell wéi méiglech déi ganz Restriktiounen kënnen opzehiewen. Dat heescht, wann elo hei eng Schëpp bäigeluecht gëtt, dann ass dat am Fong, fir vill méi schnell kënnen unzokommen an dach nach eng Hoffnung ze hunn, bei deenen ze sinn, déi dat och ganz schnell hei an Europa fäerdegbruecht hunn.

An deem Sënn bieten ech d'Leit, och weider drun ze gleewen, dass mer hei gutt Intentiounen hunn, dass mer e gemeinsaamt Zil hunn. Et ass op alle Fall mäin Zil, an ech wäert mech och weider dofir asetzen!

Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- An ech géif direkt Parole après ministre un den Här Roy Reding ginn.

■ **M. Roy Reding (ADR)**.- Et wär u sech eng Fro, eng ganz kuerz Fro, mee, wéi ech mengen, eng ganz wichteg Fro: Madamm Lenert, gesitt Dir net de Problem, datt wa keng Tester méi allgemeng verfügbar sinn - well se eeben och mussen bezuelt ginn -, souwuel ongeimpfte wéi geimpfte Leit sech net méi testen an dann, wa se krank sinn, d'Krankheet virudroen, dat heescht, u sech acceleréieren? Ass et also net kontraproduktiv - a mengen Aen ass et dat -, fir déi allgemeng Tester, wéi se bis elo wäit verbreet sinn, net gratis virunzeféieren?

Merci.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**.- Nee, ech gesinn de Risiko net, well mer jo engersäits bei enger grousser Populatioun, déi net geimpft ass,





zimmlech flächendeckend d'Schnelltester bäihalen: Dat ass an de Schoule bei deene Jonken. An dann därfer een net vergiessen, dass jiddwereen, dee Symptomer huet - an dat sinn nach wie vor eis Recommandatiounen an der Kris -, soll bei den Dokter goen. Do kréien d'Leit selbstverständlech e gratis Test!

Wa mer den Tracing maachen, do wou d'Leit kontaktéiert ginn, kréie se selbstverständlech e gratis Test ze maachen. Et ass net dee ganze Block un Tester, deen ewechfällt. A mir hunn - an an deem Sënn mécht och de Large-Scale-Testing, wéi mer e kannt hunn an enger éischter Phas, net méi dee Sënn, deen en haut mécht - haut eeben en héijen Taux de vaccination. Dat Ganzt ass en Ofweie vu Risiken. A mir sinn an enger Situatioun, wou een dat ganz breet Testen an eisen Aen elo net méi braucht. Mir sollen et do maachen, wou et Sënn mécht. Mir ginn et nach als Alternativ fir déi Leit, déi sech net wëllen impfen. Dat ass mer wichtig.

Ech si kee Frënd vun enger Impfflicht! Ech hunn dat vun Ufank u ganz kloer gesot. An d'Regierung steet och absolutt do derhannert! Dofir ass den Test an deem Sënn haut eng Alternativ. Ideal wier, mir kréichen einfach nach dee Prozentsaz erop. An dat, wat mer bidden, ass eng Alternativ dozou.

Contrairement zu anere Länner an anere Stëmme wëll ech och soen: Et gëtt vill Stëmmen; verschidener héiert ee méi, anerer manner. Mir hu ganz vill Stëmmen, déi och an eng aner radikal Richtung ginn, déi eis als Regierung och net gefalen an déi mer esou net wëllen.

■ **M. Roy Reding (ADR).**- Ok. Mir sinn eis jo awer eens, datt e Mënsch ka positiv sinn, ouni Symptomer ze hunn. Dat heescht, ech kann d'Krankheet viruginn, ouni datt ech Symptomer hunn. Dat heescht, ech ginn net bei den Dokter.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Absolutt.

■ **M. Roy Reding (ADR).**- An dat ass dat, wat mir Suerge mécht: datt duerch d'Ewechfale vun de Schnelltester oder de gratis Tester do Leit dann als Spreader ronderëm lafen - wéi den Här Di Bartolomeo dat ëmmer genannt huet am Ufank vun der Pandemie -, ouni et ze wëllen an ouni et ze wëssen. An dat si souwuel geimpfte Leit wéi ongeimpfte Leit. Dat mécht mir grouss Suergen!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Dat ass richteg. Ech verstinn déi Suerg och. Et ass just en aneren Terrain, wou dee Virus elo zirkuléiert. Dat ass eng grouss Gefor, wa ganz vill Leit eeben net geimpft sinn. Mee d'Zil vun der Impfung ass net, de Virus fortze kréien. D'Zil vun der Impfung ass, de schwéiere Verlaf ze drosselen. Dat heescht: Wa sech elo geimpfte Leit ustiechen, da wäert dat sech net méi esou erëmispigelen - ausser, mer ginn nach eppes Bessere beléiert an den nächste Wochen, wat ech mer elo definitiv net wënschen. Mee dat ass d'Zil dovunner. An dann ass eeben ab engem gewëssenen Taux deenen dote Besoin net méi esou do, fir déi esou massiv erauszefilteren. Dat ass dat, wat ech op alle Fall verstanen hunn. An dat schéngt mer och logesch, déi Erklärungen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Gesondheitsministesch. An de Relais fir d'Regierung iwwerhéilt dann elo de Vizepremier Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Här President, éischstens hunn ech gesinn, dass d'Madamm Lenert, mengen ech, ganz ausféierlech an an engem gudden explikativen Toun e bëssen d'Regierungspositioun duergestallt huet. Ech hu selbstverständlech eng Ried virbereet, haaptsächlech iwwert déi Geschichten, wat d'Aarbechtswelt ueegt. Ech halen net drop, se hei ze halen, well ech weess, dass d'Zäit ofgelaf ass. Wann d'Chamber awer domat averstanen ass, kommen ech ganz gäre rop an ech soen dat. Am anere Fall hale mer eis un d'Disziplin vun der Chamber. Dat mussst Der elo decidéieren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kersch. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

(*Hilarité générale*)

Et ass vun der Sensibilité politique ADR gefrot ginn, den Artikel 48 vum Chambersreglement geltend ze maachen an zwee Votes séparés ze maachen.

Als Éischt ass gefrot ginn, e Vote séparé iwwert den Artikel 2 Paragraf 2 ze maachen. Mir mussen dann eenzel iwwert dësen Artikel ofstëmmen. Madamm Lorsché?

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Entschëllegt, Här President. Mee ech hat elo den Här Kersch esou verstanen, wéi wann en eis wëilt d'Fräiheet loossen, him d'Méiglechkeet ze ginn, ze schwätzen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ah ok. Jo, ech hat dat schlecht verstanen. An duerfir hat ech d'Laaichen hannendrun och net verstanen. Ass d'Chamber d'accord, froen ech dann, datt de Vizepremier Dan Kersch d'Riedezäit vun der Regierung iwwerschreit an och nach eppes wëllt zum Projet de loi soen?

■ **Une voix.**- Jo.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dat ass de Fall. Da géif ech dann dem Här Vizepremier Dan Kersch d'Wuert ginn.

(*Brouhaha*)

Den Här Wiseler freet nach d'Wuert.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, mee Dir hutt schonn d'Decisioun geholl, Här President. Ech wollt am Fong soen, datt ech et normal fannen, datt den Aarbechtsminister hei an enger wa méiglech kuerzer Ried awer trotzdeem zu deem, wat wichteg ass an dësem Gesetz, seng Positioun gëtt. Ech mengen, et ass awer derwäert, dat ze héieren, an och, datt déi Leit dobaussen déi Positioun kënnen héieren, fannen ech normal an dëser Prozedur.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Merci, Här President. An dësem Fall och e ganz spezielle Merci der Madamm Lorsché an dem Här Wiseler, dass ech dann awer nach dierf hei zu Wuert kommen. Ech mengen och, ech deelen dat. Eng Rei Froe stelle sech effektiv am Beräich vum Aarbechtsrecht. An et ass u sech nëmmen normal, dass ee probéiert, och d'Vue vun der Regierung hei eng Kéier duerzeleeën.

Här President, virdrun ass hei gesot ginn: „Et geet net ëm d'Impfen oder d'Netimpfen.“ Här President, ech wëilt deem widdersprechen: Et geet genau a just dorëms! Méi impfe fir méi Fräiheet, esou hunn ech och d'Diskussioun vun deene meeschte Riedner hei verstanen.

Et ass och dat, wat d'Regierung wëllt erreechen. An dat ass och dat eenzegt Zil, wat d'Regierung verfollegt mat deem Gesetzesprojet, dee mer hei op den Instanzewee ginn hunn. An ech verwiere mech géint all Ënnerstellungen, dass och aner Saachen hei beabsichtigt wieren. Déi sinn net hei am Sall gefall, mee dat gëtt awer emol op där enger oder anerer Plaz dobaussen esou insinuéiert. An och den Här Clement huet jo schonn doriwwer geschwat, wat do alles vun Theorië leeft.

Et ass e bësse komesch, dass, wann een e Gesetz virstellt, wat ee wëllt maachen, ee fir d'éischt emol iwwert dat schwätzt, wat een net wëllt maachen. An ech soen dat ganz kloer: Mir maachen net dat, wat an anere Länner gemaach gëtt, dass mer zum Beispill en 2G-System aféieren, an zwar obligatoresch aféieren. Mir ginn och net de Wee, dass mer soen, déi Leit, déi net geimpft ginn, déi krank ginn an dann a Quarantän mussen goen, géife keng Lohnfortzahlung kréien. Da géife mer effektiv eise System vun der Sécurité sociale ganz a Fro stellen. A mir maachen och net de CovidCheck obligatoresch op der Aarbecht, esou wéi dat an anere Länner - notamment Italien - de Fall ass.

Wat maache mer? An dat wëll ech awer ganz kloer eng Kéier hei soen: Mir maachen u sech dat, wat haut scho virun der Ofstëmmung vun dësem Gesetz u sech méiglech war, nämlech, dass mer op fräiwëleger Basis an de Betriber e CovidCheck méiglech maachen.

De Patron kann also an Zukunft säi ganze Betrib oder en Deel ënnert de System vum CovidCheck setzen. Dat kann en awer am Geescht vun deene Gesetzter, déi bestinn an déi mer net ausser Kraaft setzen. Ech betounen dat: Dat kann en natierlech nëmme maachen, wann en och déi aner Gesetzter respektéiert, an notamment déi Gesetzgebung, déi mer am Beräich vun der Sécurité-santé hunn.

An der Praxis heescht dat also ganz konkret, dass hien an deene Betriber, wou méi wéi 150 Leit schaffen oder ab 150 Leit schaffen, esou eng Decisioun nëmme kann an der Cogestioon ëmsetzen. Dat heescht also, e muss den Accord vun der Delegatioun hunn. Soss kann en dat net maachen!

An all deenen anere Betriber ass et och genau esou evident, dass en dat net kann einfach vun uewen erof decidéieren, mee e muss et mat senger Delegatioun ofschwätzen, fir dat kënnen an d'Praxis ëmsetzen. An dat ass ganz wichtig! Mir maachen also hei e CovidCheck oder d'Méiglechkeet vun engem CovidCheck an der Aarbechtswelt am Rame vum Droit commun. De Code du travail gëtt net duerch dës spezial Covidmesuren ausser Kraaft gesat! An notamment de Livre véier iwwert d'Delegatiounen an d'Matbestëmmungsrechter gëtt iwwerhaupt net touchéiert. Ech wëll net wëssen, wat lass gewiescht wär, wa mer dat hei proposéiert hätten!

Hei gi mer ganz bestëmmt a ganz bewusst op de Wee vun der Matbestëmmung an de Betriber, well mer och der fester Iwwerzeegung sinn, dass, wann een esou eppes wëllt realiséieren, een et am beschte realiséiert, wann ee mat deene Leit schwätzt, déi herno dovunner beträff sinn. An ech géif gären dee Betrib gesinn, deen dat einfach vun uewen erof ëmsetzt. Dat wär jo theoreetesch méiglech bei deene Betriber, déi manner wéi 150 Leit hunn, ouni mat senge Leit geschwat ze hunn.

Den Här Wiseler huet och eng interessant Fro gestallt. Allerdéngs gëtt déi Fro net eréischt opgeworf duerch dëst Gesetz, mee déi hat scho laang virdru Bestand. Wat geschitt mat engem Patron, deen de CovidCheck net aféiert, an eventuell ass een do, dee sech ustécht? Déi Fro - wéi gesot - gëtt net eréischt opbruecht duerch dëst Gesetz, mee déi huet scho laang virdru bestanen. A genau do probéiere mer jo elo, eng Insécurité juridique ewechzehuelen an dranzeschreiwen, dass de Covid-Check eng Mesure wéi eng aner ass am Beräich vun der Sécurité-santé vun engem Betrib. An d'Obligatioun vum Patron iwwert den Artikel 312 (1) respektiv 312 (2), fir do alles ze maachen, fir fir d'Sécherheet vu senge Leit an och vun deene Leit ronderëm ze suergen, fällt natierlech hei net ewech an ass nach ëmmer touchéiert.

Dat nämmlecht zielt iwwregens fir d'Konsequenze vun engem, deen esou e CovidCheck net géif anhalen oder aner Sécherheetsbestëmmungen net géif anhalen. Déi Fro gëtt jo net eréischt duerch dëst Gesetz opbruecht! Mee déi besteet selbstverständlech am Kader vun all deene Bestëmmungen, déi mer haut hunn.

Et ass also kloer, dass dat, wat mer hei gemaach hunn, eng Ëmsetzung ass vun enger Praxis, déi mer haut schonn hunn am Droit commun, notamment am Aarbechtsrecht an am Beräich vun der Sécurité-santé. Jo, dat war e politesche Choix. Et hätt een et och kënnen aneschtens maachen. Mee mir hunn eis ganz bewusst fir dëse Wee entscheet.

Ech war och e bëssen iwwerrascht, Här President, wéi ech héieren hunn, dass den Här Wiseler sot - an ech probéieren, et hei méi kuerz ze maachen -, dass d'Gerichter missten am Zweifelsfall tranchéieren an Dir wäert (veuillez lire: hie wär) domadder absolutt net averstanen, ...

(*Interruption par M. Claude Wiseler*)

... Här President, Dir géift (veuillez lire: hie géif) net akzeptéieren, dass mer de Gerichter dës Fro eebe géifen eraushuelen. Dat hutt Der wuertwärtlech esou hei gesot: „Mer akzeptéieren net, dass d'Gerichter dat an Zukunft mussen decidéieren.“ Dat muss ech esou verstanen hunn.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Also ech ... Fir prezis ze soen, wat domat gemengt ass: Ech hu gesot, ech hätt gär, datt d'Gesetz weesentlech méi prezis wier wéi dat, wat do drasteet. Well soss mussen vill Dossieren a vill Decisiounen um Geriicht geholl ginn, vun deenen ech gemengt hätt, datt se missten am Gesetz stoen, fir datt d'Saache kloer wieren an datt et net bräicht op d'Gericht ze goen.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Ok. Ma et ass genau dorobber, wou ech wollt agoen. Ech mengen, mir sinn eis jo eens - da brauche mer doriwwer elo net laang ze polemiséieren -: Wien aneschtens wéi d'Gerichter soll tranchéieren, wann et zu engem Zweifelsfall kënn? A wann et zu Zweifelsfäll kënn, ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Mee ech hätt léiwer, et géif guer net op e Geriicht kommen!

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Här Wiseler, Här Wiseler, ech hätt dat och léiwer. Ech soen lech awer, ech soen lech awer: ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Mat Ärem Text kënn et awer!

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- ... Jiddwereen, deen awer och nëmmen e Millimeter dovun ausgeet, dass mer hei an der Chamber kéinten e Gesetz maachen, wou mer fir déi Dausenden an Dausende vu Betriber, all eenzele Fall an all eenzel Situatioun géife reegelen, weess, dass dat net méiglech ass. An dat ass iwwregens net nëmmen net méiglech am Beräich vum Covid. Dat ass och net méiglech an alleguer deenen anere Beräicher vu Sécurité-santé. Duerfir hu mer jo déi Gesetzgebung, déi mer hunn, fir dass mer dat der Matbestëmmung vun de Betriber an deene Leit iwwerloossen, déi am beschten op der Plaz wëssen, wéi een dat ka konkret ëmsetzen.

Dat ass d'Philosophie vun der Regierung. Et ass d'Philosophie vun deem kleng Saz, dee mer elo zousätzlech an dëst Gesetz aschreiwe gelooss hunn, wou just drasteet, dass de CovidCheck am Beräich vun der Sécurité-santé eng Méiglechkeet ass - sou wéi vill anerer -, fir d'Leit ze schützen. Net méi an net manner steet an deem Gesetz. An et ass mer wichteg, dass een dat och eng Kéier hei seet.

An dann ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Mee, Här Kersch, tëschent alles reegelen a guer näischt reegele gëtt et e ganzt Feld dozweeschent. A mir hätte gär, datt eng Rei Saachen am Gesetz géife stoen. Dat ass dat, wat ech sot.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Dir hutt dat esou gesot, mee Dir hutt awer näischt Konkreetes gesot. An ech wëll och hei soen, dass an der ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech hu ganz konkret Saache proposéiert.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Dat Eenzeit, wat ech vun engem vun Äre Verrieder an der Kommissioun héieren hunn, war genau dat, dass e gefrot huet: „Bleiwen d'Bestëmmunge vun der Matbestëmmung oprechterhalen oder net?“ A meng kloer Äntwert dorobber war „jo“, an domadder war d'Diskussioun eriwuer. An dat, wat Der elo gesot hutt, ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dogéint hunn ech awer och guer näischt.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Här Wiseler, an dat, wat Der elo gesot hutt, dass een dat jo deelweis hätt kënnen méi staark reegelen ... Wou waren dann Är Propositionen, fir dat konkret ze maachen? A wou waren dann déi Propositionen, déi dann och an de Betriber ëmsetzbar gewiescht wären?

(*Intervention de la présidence*)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech hunn der elo eng ganz Rei genannt.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Dat wär awer dann eng interessant Fro, déi een emol eng Kéier misst stellen. A wéi hätten dann d'Patrone respektiv d'Gewerkschaften op Är Virschléi reagiert? Ech hätt mech doriwwer gefreet, dat emol ze wëssen! Ech mengen, dass dat och guer net geet!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, mee, Här Kersch, ech hunn der virdrun eng Rei genannt.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Weeder ech nach Dir hunn d'Fäegkeet, dat ze maachen.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech hunn der eng Rei virdrun a menger Ried genannt an ech liesen och, wat d'Patrone respektiv d'Gewerkschaften iwwert deen hei Text soen, an zwar genau dat selwecht wéi ech.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Nee, neen. Et ass net genau dat nämmlecht wéi Dir. Ech wollt och do emol eng kuerz Äntwert ginn.

Et ass allerdéngs richtig, dass weeder d'Patronen nach d'Gewerkschafte mat deem zefridde sinn, wat mer hei maachen. Awer net aus deenen nämmlechte Grënn, Här Wiseler! Déi eng wollten nämlech iwwerhaupt kee CovidCheck, a wann, da mat der Garantie, dass, wa mer géifen Tester maachen, mer se gratis géife maachen a mat enger Garantie, dass d'Leit, déi sech weigere, keng Sanktiounen dierfte gemaach kréien.

Déi aner wollte genau de Contraire! Déi aner wollten éischstens emol de CovidCheck esou, wéi si et gären hätten, ouni mat iergendengem mussen driwwer ze schwätzen. A virun allem wollte se e Fräifaarteschäin, fir Leit kënnen ze entloossen. Mir hu weeder dat Eent nach dat Anert gemaach!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat hunn ech awer a kengem Avis esou gelies.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Här Wiseler, da mussst Der d'Stellungnam vun der UEL liesen, déi se gëschter erausginn huet. Liest dee Communiqué emol eng Kéier a liest d'Stellungname vun de Gewerkschaften, wat se soen. A virun allem ass et jo net nëmmen dat, wat ee muss liesen. Et muss ee jo och dat wëssen, wat een dann do am Dialog, deen ee mat deene Leit féiert, vun deene Leit gesot kritt. An ech kann lech soen, deen Dialog huet stattfonnt!

An ech hat dat hei an der Chamber scho gesot: Entgéint deem, wat virdrun hei verlaude gelooss ginn ass, hu mer schonn um Ufank vum Mount souwuel de Gewerkschafte wéi och de Patrone gesot, dass mer drun denken, de CovidCheck op déi Aart a Weis anzesetzen, esou wéi mer et elo maachen, net aneschtens. Et ware keng Alternativen um Dësch an et sinn och keng komm, weeder vun der UEL, nach vun de Gewerkschaften, an och net vun lech, wéi ech leider muss feststellen.

Mir hunn eis also fir dee Wee entscheet, Här Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat ass just net richtig.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Här Wiseler, mir hunn eis also fir dee Wee entscheet, deen eiser Meenung no deen eenzeg gangbare war: CovidCheck als potenziell Méiglechkeet aféieren, an zwar am Gesetz, am Rame vun den Droits communs an am Rame vun der Matbestëmmung.

A loosst mech zum Schluss awer nach just meng Hoffnung ausdrécken, dass an deenen allermeeschte Betriber déi theoreetesch Diskussiounen, déi mir hei féieren an eis hei leeschten, iwwerhaupt keen Thema wäerte sinn, well ech der fester Iwwerzeegung sinn, dass do, wou verstänneg Leit matenee schwätzen, et och zu verstännege Léisunge wäert kommen. An ech hu mäin Optimismus nach ëmmer net verluer, dass och Patronen a Gewerkschaften um Terrain et fäerdegbréngen, esou Léisungen ze fannen. A wa se se fannen - dovu sinn ech iwwerzeugt -, fanne se se am Interêt vun eis allegueren. Merci villmools.





► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Vizepräsident Kersch. A well deen Austausch esou interessant war, erlaabt mir, d'Chamber ze froen, fir och nach dem Minister vun der Fonction publique d'Wuert ze ginn, fir ...

**(Brouhaha)**

Ass d'Chamber d'accord, fir ...

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Mee wëllt deen iwwerhaupt, Här President?

**(Brouhaha)**

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, d'Regierung ...

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Här President, ech mengen, de Minister wëllt guer net.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Wann d'Regierung dat do beansprucht, da kënnen all d'Parteien heibannen och onendlech laang schwätzen. Well dat doten ass einfach net gerecht!

**(Brouhaha)**

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschlossen.

Mir kommen dann zu deenen zwee Votes séparés, déi vun der Chamber gefrot waren. Als Éischt ass gefrot, e Vote séparé iwwert den Artikel 2 Paragraf 2 ze maachen. Mir müssen dann eenzel iwwert dësen Artikel ofstëmmen.

**Vote séparé sur l'article 2 (2) du projet de loi 7897**

Da stellen ech d'Fro: Wien d'accord ass mam Artikel 2 Paragraf 2 vum Projet de loi, dee soll mat Jo stëmmen.

D'Ofstëmmen fänkt un. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschlossen.

Den Artikel 2, sou wéi en zum Vott gestallt ginn ass, ass mat 33 Jo-Stëmmen géint 27 Nee-Stëmmen ...

**(Interruption par M. Jeff Engelen)**

Ech hunn deem Rechnung gedroen, Här Engelen. Genau.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - ... ugehall. Den Artikel 2 Paragraf 2 ass domadder ugehall.

*Ont voté oui :* MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Als nächst ass de Vote séparé iwwert den Artikel 6 ze maachen. Mir müssen dann eenzel iwwert dësen Artikel ofstëmmen.

**Vote séparé sur l'article 6 du projet de loi 7897**

Da stellen ech d'Fro: Wien d'accord ass mat dem Artikel 6 vum Projet de loi, dee soll mat Jo stëmmen.

D'Ofstëmmen fänkt un. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschlossen.

Den Artikel 6 ass mat 31 Jo-Stëmmen géint 28 Nee-Stëmmen ugehall. Den Artikel 6 ass domadder ugehall.

*Résultat définitif après redressement : l'article 6 du projet de loi 7897 est adopté par 31 voix pour et 29 voix contre.*

*Ont voté oui :* MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*Ont voté non :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamte Projet de loi 7897. Den Text steet am Document parlementaire 7897°.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7897 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration.

De Projet de loi ass mat 31 Jo-Stëmmen géint 29 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui :* MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*Ont voté non :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Félix Eischen) ;

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**Motions**

Da kéime mer elo zur Ofstëmmung vun deenen zwou Motiounen, déi deposéiert gi sinn.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vun der CSV, vum Här Wiseler deposéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu där Motioun ergräifen? Den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo, merci, Här President. Mir hu virdrun d'Madamm Gesondheetsministesch héieren, op eng Rei vu Punkten aus dëser Motioun agoen, ënner anerem den Impfbus, wou et ze kal gëtt, mee wou awer d'Frequenz, mengen ech, an d'Luucht gesat ginn ass. Mee wou awer elo mat deene Gemenge geschwat gëtt, wou cibléiert an de Gemenge sollen Aktiounen lafen, wou dann och samschdes elo schonn zum Deel op ass bis 9.00 Auer, wou d'Angebot do ass, mee wou d'Leit awer net direkt dovunner profitéieren, soudass hei eng ganz Rei vu Punkte souwisou schonn um Lafe sinn, gemaach ginn, grad wéi d'Campagne de sensibilisation à grande échelle. Dir hutt héieren, dass déi véiert Campagne leeft.

Dir hutt och héieren, wat alles gemaach ginn ass iwwer Facebook, digital, analog, Professioneller, déi ugeschwat goufen, Radio, Webinaren, mat deenen eenzelne Beruffskummeren, mat de Patronen, mat de Gewerkschaften. Et ass wierklech immens, immens vill gemaach ginn. Et kann een natierlech ëmmer erëm soen, et hätt ee misse méi maachen. Wat ass méi? Wat ass méi, wann een dat heite gesäit, wat hei alles gemaach ginn ass? Duerfir géif ech proposéieren, déi Motioun hei ofzeleenen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Dann huet den Här Kartheiser d'Wuert gefrot.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, villmools merci. Fir d'ADR ass dat hei eng sënnvoll

Motioun, déi och ausdrécklech keng Impfflicht fuerdert, mee einfach eng Sensibiliséierung an aner Moossnamen, déi och an eisen Ae sënnvoll sinn. Ech wëilt just awer den Här Wiseler bieten, vläicht eng Formuléierung aneschtens ze gesinn: Hei steet e feste Prozentsaz dran, deen ee soll erreechen; dat ass an eisen Ae problematesch. Et géif an eisen Ae vollkommen duergoen ze soen: „eng signifikant Proportion vun der Populatioun“.

A wann den Här Wiseler bereet wär, do e bëssen en aneren Text ze huelen, géif d'ADR dat hei och gär matstëmmen. Villmools merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Kartheiser. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Déi Motioun hei ass eis ganz sympathesch. Ech hunn et virdrun a menger Interventioun gesot: De grouse Problem ass, et ass haut vill méi einfach, sech bis spéit an d'Nuecht eran, bis moies fréi eppes Ongesondes ze maachen, andeem ee mam Auto bei den Drive-in vun iergendenger Burgerkette firt a sech do en décke Burger mat Fritten a Cola eranzitt, respektiv et kann ee sech bis moies fréi an d'Poppen dach awer vollafe loossen, wann een et emol esou seet. Dat heescht, mir maachen de Leit u sech ganz vill Offeren, wou ee sech kann eppes Ongesondes maachen. An d'Offer, fir sech impfen ze loossen, ass dann awer eng, déi heefeg un Hürde scheitert.

Et gëtt Dokterer ... Do gi Leit sech gäre bei hiren Hausdokter impfen - wat eng super Initiativ ass, wat mir als Piraten ënnerstëtzen -, fir da vum Hausdokter gesot ze kréien: „Ma nee, ech muss als Éischt sechs Leit zesumme kréien, déi beim éischten Impf-Rendez-vous deen nammlechten Dag Zäit hunn a beim zweeten Impf-Rendez-vous deen nammlechten Dag Zäit hunn, well soss verschwenden ech Dosen. A genau dat féiert dozou, datt dann awer herno erëm Leit ofsprangen. Ass dat e signifikanten Undeel oder net? Ech weess et net!

**(Interruption)**

Mee ech fannen, et muss mindestens esou einfach sinn, eppes Gesondes ze maachen - an d'Impfung gehéiert dozou -, wéi eppes Ongesondes ze maachen. An ech mengen, d'CSV mécht hei ganz konkreet Proposen, déi mir als Piraten ënnerstëtzen.

Et muss ee jo och dozou soen: D'Majoritéitsparteien - haut och erëm - froen ëmmer erëm: „Wat géif d'Oppositioun da maachen? Wat géif Dir da maachen, wann Der an eiser Positioun wäert?“ Ma hei ginn erëm Propose gemaach, fir da just hannendru gesot ze kréien: „Dat ass superfetatoire.“

**(Interruptions)**

Ma firwat frot Der dann iwwerhaupt nach? Mir stëmmen dat heite mat!

**(Interruption par M. Georges Engel)**

► **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.** - Wou fannt Der dann d'Dokteren, déi dat maache bis 3 Auer am Burger King? Wou fannt der dann d'Dokteren an d'Personal, déi dat maache bis 3 Auer am Burger King?

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Dir frot, bis 7.00 Auer opzemaachen, mir maache bis 9.00 Auer op.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Wiseler, fir hien ze froen, ob e mat där Modifikatioun, déi den Här Kartheiser proposéiert huet, d'accord ass oder ob mer d'Motioun esou zum Vott stellen, wéi se deposéiert ginn ass.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Also ech ka verstoen, datt een d'Zuel 80 % kann a Fro stellen, well virdrun huet och d'Gesondheetsministesch gesot: „Mir wëssen net, wéini mer eng Immunité collective hunn.“ Fir mech ass wichteg, datt d'Immunité collective drasteet an datt mer hei zum Ausdrock bréngen, datt mer d'Necessitéit hunn „de vacciner“. An ech géif proposéieren, et esou ze formuléieren: « considérant la nécessité de vacciner une majorité suffisante de la population afin d'atteindre une immunité collective ». Et ass dat, wat ech gär hätt. Ob dat elo 80 oder 85 ass, ass mer am Fong egal, weess ech och net, mee et muss suffisant sinn.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wiseler. Ech mengen, mir kommen dann zum Vott vun där licht modifizierter Motioun.

**Vote sur la motion 1 modifiée**

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. De Vott ass ofgeschlossen.

D'Motioun ass mat 28 Jo-Stëmmen géint 32 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 modifiée est rejetée par 29 voix pour et 31 voix contre.*

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine

*Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non :* MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

**Motion 2**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Dat ass déi Motioun, déi vun der Sensibilitéit ADR deposéiert ginn ass. Wëllt nach een dozou d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Baum.

► **M. Gilles Baum (DP).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Ech wollt e puer Wuert soen zu der Motioun. Mir befannen eis hei net am schoulesche Beräich, mat deem, wat ugeschnidden ass, d'Éducation musicale, mee mir befannen eis am peri- an am parascolaire Beräich. Do gouf et eng Ännerung am Gesetz, an déi hu mer elo just viru fënnf Minutte gestëmmt. Ech liesen lech den Text vir: « Si le groupe dépasse le nombre de dix personnes, une distanciation physique d'au moins deux mètres ou l'obligation du port du masque doit être respectée entre les différentes personnes. » Dat heescht, et sinn net déi zwou Konditiounen, esou wéi et an der Motioun hei geschriwwen ass, mee et ass nach eng Konditioun, déi anzehalen ass, wa méi wéi zéng Leit an engem Musekscours gläichzäiteg sinn.

Et gouf dozou och eng Kommunikatioun, déi vum Ministère, vum MENJE, erausgaangen ass de 14. Oktober, dat war dann de leschten Donneschden, leschte Freiden, un alleguerten d'Museksschoulen, fir se op déi nei Ännerungen an deem heiten Text opmierksam ze maachen. Duerfir géif ech mengen, mir bräichten déi Motioun hei net. An ech géif menger Fraktioun proposéieren, déi Motioun hei och net ze stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. Dann huet den Här Marc Goergen d'Wuert gefrot.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Also mir Piraten wäerte se och net matstëmmen. Éischtens: Et gëtt nach aner Museksschoulen am Land wéi nëmmen déi kommunal. An zweetens si mer an engem ganz anere Kontext, well an d'Museksschoul kann een och als Erwuessene goen. Dat ass elo net vergläichbar mat enger Schoul. Deement-sprechend wäerte mer se net matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Goergen. Den Här Claude Wiseler.

**(Interruptions)**

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech wollt am Fong d'Regierung froen, wann Der erlaabt, well hei steet ...

**(Interruption)**

Ech wollt am Fong d'Regierung froen, well hei steet dran: Et gëtt kee rationale Grond, d'Schüler an d'Léierpersonal vun de kommunale Museksschoule méi strenge Restriktiounen ze ënnerwerfe wéi d'Schüler an d'Léierpersonal vum Fundamental a vun de Lycéeën. Ech fannen dat jo prinzipiell net falsch. Mee vläicht gëtt et awer e rationale Grond, fir et anescht ze maachen.

An dofir wär ech frou, serieusement, einfach d'Regierung ze froen: Wat ass de Grond, fir et anescht ze maachen? Wann Der eis dat kéint soen, dat géif op jidde Fall eist Ofstëmmverhalen ...

► **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.** - Da musse mer dee Minister froen, deen fir deen dote Beräich zoustänneg ass. Mir kënnen lech elo net hei stante pede eng Äntwert ginn. Mir kucken dat ganz gären no an da kritt d'Chamber eng Äntwert.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech hätt d'Fro och net esou stante pede gestallt, mee vu datt se hei an der Motioun steet, eier mer stëmmen, wollt ech awer wëssen ... Infolgedesse géif ech proposéieren, datt mir eis als Fraktioun enthalen, well mer haut d'Informatioun net hunn.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Den Här Baum huet jo gesot: Et ass net méi esou. Et ass net méi esou!





■ **M. Dan Kersch**, *Vice-Premier Ministre*.- Eng Erklärung gëtt et jo mol direkt, an déi huet d'Madamm Cahen elo richtegerweis gesot: D'Schoul ass obligatoresch an d'Museksschoul ass et net. Dat si jo zwou verschidde Saachen. Et kann een dat Eent also net mat deem Aneren einfach esou tel quel vergläichen, wéi och de Vertrieder vun de Piraten virdru gesot huet.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Wiseler. Merci, Här Kersch, fir d'Prezisiounen. Dann huet nach den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, Här President, et ass an eisen Aen ze vill wichteg, datt mer hei déi Saach vun de Museksschoulen eng Kéier à tête reposée kucke mat allen Erklärungen. Dofir géif ech proposéieren, datt mer haut net doriwwer ofstëmmen. Mir wäerten déi Motioun nei formuléieren, fir dann och deem Gesetz vun haut Rechnung ze droen, a waarden op d'Erklärung vun der Regierung. Mee am Laf vun der Woch wäerte mer déi Motioun nach eng Kéier presentéieren, well et läit eis einfach um Häerz, datt mer déi Situatioun an de Museksschoulen net méi defavorabel hu wéi an anere Schoulen. An da komme mer nach eng Kéier - dat

ass meng Proposition, wann Dir d'accord sidd, Här President - am Laf vun der Woch op dës Fro zrëck. Merci.

(*La motion 2 de M. Jeff Engelen est retirée.*)

■ **Plusieurs voix**.- Au vote!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Duerch d'Zréckzéie vun der Motioun si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber ...

(*Interruptions*)

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Ma en huet se zréckgezunn!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- Nee, en huet se net zréckgezunn!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Motioun ass jo zréckgezunn?

(*Assentiment*)

D'Motioun ass zréckgezunn. Domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.30 Auer nees zesummen. D'Sitzung ass opgehuewen.

(*La séance publique est levée à 12.24 heures.*)



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Octroi de titres honorifiques à d'anciens fonctionnaires de l'Administration parlementaire

- M. Fernand Etgen, Président

### 3. Ordre du jour

- Mme Martine Hansen - M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale (interventions de M. Georges Engel et Mme Martine Hansen)

### 4. Heure d'actualité de la sensibilité politique Piraten au sujet du scandale d'espionnage Pegasus

- Exposé : M. Marc Goergen (interventions de M. Sven Clement et M. Fernand Kartheiser) (dépôt de la motion 1)

- Débat : M. Laurent Mosar - M. Gusty Graas - M. Yves Cruchten - Mme Stéphanie Empain - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Sven Clement) - M. Sven Clement (parole pour fait personnel) (intervention de M. Georges Engel) - Mme Nathalie Oberweis

- Prises de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes - Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice - M. Laurent Mosar (parole après ministre) - Mme la Ministre Sam Tanson - Mme Nathalie Oberweis (parole après ministre) - Mme la Ministre Sam Tanson - M. Yves Cruchten (parole après ministre)

- Motion 1 : M. Marc Goergen (intervention de M. Laurent Mosar) - Mme la Ministre Sam Tanson - M. Sven Clement (intervention de Mme la Ministre Sam Tanson) - Mme la Ministre Sam Tanson (intervention de M. Sven Clement) - M. Fernand Kartheiser - M. Laurent Mosar

- Vote sur la motion 1 (rejetée)

### 5. Heure de questions au Gouvernement

**Question n° 245 du 19 octobre 2021 de M. Marc Spautz relative à l'impact et les effets de la pénurie de matériaux et de main d'œuvre dans le domaine de la construction, adressée à M. le Ministre des Classes moyennes**

- M. Marc Spautz - M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes

**Question n° 246 du 19 octobre 2021 de M. André Bauler relative à l'évolution des aides octroyées aux acteurs du secteur culturel pendant la pandémie, adressée à Mme la Ministre de la Culture**

- M. André Bauler - Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture

**Question n° 247 du 18 octobre 2021 de Mme Nathalie Oberweis relative au remboursement de la psychothérapie, adressée à Mme la Ministre de la Santé et à M. le Ministre de la Sécurité sociale**

- Mme Nathalie Oberweis - M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale

**Question n° 248 du 19 octobre 2021 de M. François Benoy relative au plan stratégique national dans le cadre de la nouvelle PAC, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

- M. François Benoy - M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

**Question n° 249 du 18 octobre 2021 de M. Sven Clement relative au délai d'inscription pour un examen médico-sportif, adressée à M. le Ministre des Sports**

- M. Sven Clement - M. Dan Kersch, Ministre des Sports

**Question n° 250 du 19 octobre 2021 de M. Jean-Paul Schaaf relative au financement respectivement au subventionnement de la fusion des cinq communes de la Nordstad, adressée à Mme la Ministre de l'Intérieur**

- M. Jean-Paul Schaaf - Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur

**Question n° 251 du 18 octobre 2021 de Mme Myriam Cecchetti relative à la plateforme pour l'action climat et la transition énergétique, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

- Mme Myriam Cecchetti - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

### 6. Interpellation de M. Gilles Roth au sujet de la gestion de catastrophes naturelles suite aux récentes intempéries

- Exposé : M. Gilles Roth (dépôt de la motion 1)

- Débat : M. Max Hahn - M. Dan Biancalana (dépôt de la motion 2) - M. François Benoy (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. Mars Di Bartolomeo) - M. Jeff Engelen - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen

- Prises de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État - Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

- Motion 1 : M. Dan Biancalana - M. Fernand Kartheiser - Mme Myriam Cecchetti - M. Gilles Roth (interventions de M. le Premier Ministre Xavier Bettel et M. Michel Wolter) - M. Sven Clement

- Vote sur la motion 1 (rejetée)

- Vote sur la motion 2 (adoptée)

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre ; M. Jean Asselborn, M. Romain Schneider, Mme Carole Dieschbourg, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferding et M. Lex Delles, Ministres.**

(*La séance publique est ouverte à 14.31 heures.*)

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Nee, Här President.

### 2. Octroi de titres honorifiques à d'anciens fonctionnaires de l'Administration parlementaire

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Opgrond vun Decisioun vum Bureau vun der Chamber an nom Artikel 43 vum Beamtestatut vun der Chamber gëtt der Madamm Gény Arend, Inspecteur, der Madamm Ginette Biasini, Inspecteur, der Madamm Maryse Klein, Chargée de gestion dirigeant, dem Här Claude Frieseisen, Secrétaire général, an der Madamm Viviane Heinen, Inspecteur, déi d'Administration parlementaire pensionshalber verlooss hunn, den Éierentitel vun hire Funktiounen zouerkannt.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

(*Applaudissements*)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Eis Felicitatiounen! Mir wënschen hinnen all eng laang a verdéngte Pensioun.

### 3. Ordre du jour

D'Madamm Hansen hat nach, mengen ech, d'Wuert gefrot. Oder?

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Zum Ordre du jour, Här President.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Ordre du jour hate mer gëschter ugehall, Madamm Hansen.

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Ma da wollt ech mech opreegen iwwert ...

(*Hilarité*)

... d'Heure de questions, Här President, well ech wëll just hei awer nach eng Kéier matdeelen, datt mer et net normal fannen, datt an dësen Zäiten, wou wierklech Covid aktuell ass, d'Madamm Gesondheetsministesch net do ass. Mir haten eng éischt Lëscht, wou se do war. Elo ass se gestrach. Mir haten zwou wichteg Froen, well mer jo wëssen, datt d'Leit definitiv sensibel sinn, och op d'Impfungen.

Et ass een neien Impfstoff, dee kënnt deemnächst eraus, dee sech op Proteinne baséiert. Dat heescht, eng Aart „normale“ Vaccin. Do wollt mer gäre wëssen, wéi wäit d'Regierung do ass, ob deen hei géif zu Lëtzebuerg zougelooß ginn. An och iwwert déi sëllege Bréiwer, déi am Moment bei d'Leit kommen, datt se sech nach eng Kéier sollen impfe loossen.

Wéi gesot. Mir hunn du gefrot, datt den Här Premier eis géif äntwerten, dee wär nämlech do gewiescht. An deen huet gesot, hie géif eis net äntworten! Dat fanne mer also net normal, datt an dësem wichtige Sujet elo kee vun der Regierung do ass, wou mer kënnen eis Froe stellen.

Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Hansen. Ech mengen, et ass esou, datt eeben déi Ministeren, déi am Zoustännegkeetsberäich si vun de Froen, datt et déi sinn, déi äntworten. An et ass net, datt de Premierminister fir alles zoustänneg ass.

■ **Une voix**.- Dach!

(*Interruptions*)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Dat heescht, de Premierminister huet ganz grousst Vertrauen an déi verschidde Ministèren.

Ech huelen Akt vun Ärer Deklaratioun. An da kënnen mer zum éischte Punkt vum Ordre du jour ...

■ **Une voix**.- Dat ass deen ale Landwirtschaftsminister, dee schwätzt.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Kartheiser freet nach d'Wuert. A firwat frot Dir d'Wuert?

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Majo, fir dee selwechte Punkt wéi d'Madamm Hansen, deen, wou ee sech därëf opreegen, wann een net zum Ordre du jour därëf schwätzen, Här President. Dat ass gëschter Moie ganz séier gaangen. An ech wollt awer just ee Wuert och zum Ordre du jour soen.

Mir hunn am Abléck déi Situatioun, datt mer muer de Mëtten hei den éischte Vott iwwert d'Verfassungsrevisioun huelen. An ech fannen et net normal, mir fannen et net normal bei der ADR, datt mer dee Vott huelen, ier eng Petitioun, déi an der Chamber agereecht ginn ass, nämlech d'Petitioun 2007, an deen néidege Quorum huet, diskutéiert ass!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Kartheiser, gëschter ass den Ordre du jour ugehall ginn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, mee ech fannen, ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Et deet mer leed, Här Kartheiser, wannechgelift, dat doten zielt elo net.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- ... mat allem Respekt, Här President, ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An déi Sitzung vun haut, ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- ... Dir sollt eis als Chamber méi eescht huelen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Dat kënnt Der muer nach eng Kéier widderhuelen. Mee den Ordre du jour ass gëschter Moien eestëmmeg esou ugehall ginn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Elo ass de Video scho gedréit!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert den Iwwerwaachungsskandal duerch d'Schued...

(*Brouhaha*)

Den Här Romain Schneider huet d'Wuert.

■ **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Ech wollt awer just op déi - ech sinn dat net méi gewinnt hei -, ech wollt awer just op déi Remark vun der Madamm Hansen äntwerten, där ech Recht ginn, datt d'Regierung esou vill wéi méiglech sollt present sinn. An dat si mer och, esou wéi mer et kënnen maachen. Mee awer grad der Gesondheetsministesch virzegeheien, si wier net disponibel, fir op d'Fro vun den Deputéierten ze äntwerten, mengen ech, ass falsch.

A wann Der eis dat elo, mir vläicht, dat virgeheit, da sinn ech domat d'accord. Mee ech mengen, d'Gesondheetsministesch ass ëmmer do, kënnt virun all Gesetz bei d'Kommissioun, Dir kënnt all Fro do wierklech stellen. An ech fannen dat net korrekt. Ech mengen, d'Madamm Minister huet sech entschëllegt, si ass net do. A wann déi Froen ze stelle sinn, mat Sécherheet wäert d'Geleeënheet sech bidden, lech och erëm eng Kéier kënnen dorobber ze äntwerten.

Merci.

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Si krut Honnerte Froe gestallt an huet allkéiers drop geäntwert!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Här Romain Schneider.

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Et muss ee jo awer och an enger Heure de questions Froe stelle kënnen!

### 4. Heure d'actualité de la sensibilité politique Piraten au sujet du scandale d'espionnage Pegasus

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Da komme mer elo awer zur Aktualitéitsstonn ...



**(Brouhaha)**

... iwwert den Iwwerwaachungsskandal duerch d'Schuedsoftware Pegasus. An ech géif d'Wuert un den honorabelen Här Marc Goergen als Vertrieber vun der politescher Sensibilitéit Piraten ginn, déi dës Aktualitéitsstonn ugefrot huet. Här Marc Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. „Pegasus: Der Spion, der auf das iPhone kam.“ Ech schwätzen net vun engem James-Bond-Film, mee dat ass den Titel, deen ee ka fir Pegasus benotzen.

Ech ginn lech kuerz Erklärungen, wat iwwerhaapt Pegasus ass.

Jiddereen huet sécherlech de Begrëff schonn héieren, an et si jo och ganz vill Leit, déi heibannen esou een iPhone benotzen; verschidden Apple-Geräter hu mer jo och souguer vun eiser Chamber, vum Parlament kritt. An et sinn déi Geräter, déi eeben an dësem Fall vum Pegasus beträff sinn.

Zum Beispill ass et esou, dass Der de Pegasus iwwer en onbemierkten - an dat ass eppes ganz Wichteges an dësem Fall -, iwwer en onbemierkte Message op Ären iPhone kritt hutt. Dat heescht, et huet een net missen iergendeppes uklicken an deem Fall, déi Leit, déi deen Trojaner kritt hunn, mee en ass onbemierkt iwwer eng Lück am Apple-System vun iMessage komm. Dat ass scho ganz schlëmm.

Mee wat deen Tool als Trojaner dann alles kann! Dat heescht, e kann eng kéier op Ärem Smartphone alles kucken, an do gëtt et näischt op Ärem Smartphone, wou en net erakënn. Dat heescht, allegueren d'Messages - ech huelen un, heibanne sinn der och, déi WhatsApp benotzen, sécherlech sinn och nach Fraktiounen, déi WhatsApp benotzen, fir sech ze koordinéieren -, do zum Beispill war Pegasus mat dran. Dat heescht, dee konnt dat alles matliesen.

Et ass awer nach méi schlëmm. Et kann nämlech souguer sinn, dass Pegasus higeet an e kann och Messagë selwer schreiwen! Dat heescht, alles, wat op Ärem Handy ass ... oder wat Dir kéint verschéckt hunn, wann dee mat Pegasus befall ass, ass guer net méi sécher, dass Dir dat selwer waart. Mee esou en Trojaner kann och nach higoen an an deem Fall Beweiser fälschen, well e ka selwer aktiv ginn.

Mee e sammelt jo net nëmmen déi Informatiounen, déi relevant wäere fir en Job, deen een huet, oder wann een iergendeppes wéilt stichten, mee nee, e sammelt och allegueren déi Informatiounen op Ärem Handy iwwer Äre Familljen. An dat ass dee grouse Skandal bei Pegasus, well een net mat esou engem Tool kann higoen a soen: „Mir hunn eng Barriär, dass e just dat kuckt, wat vläicht nach fir aner Staaten interessant wär“. Nee, deen huet d'komplett Privatsphäre gekuckt! Dovun ofgesinn, dass en och nach op Äre Cloud kann zougräifen, woumat Der och nach infizéiert sidd op anere Computere.

Dat emol zur Erklärung, wat de Pegasus iwwerhaapt ass.

Mee elo gëtt et der jo nach e puer anerer um Maart, déi dann och kënnen als Staatstrojaner benotzt ginn. A fir lech eng kéier virun Aen ze féieren, wéi no dass en och un der Chamber war: Dir hutt allegueren sécherlech eng E-Mail kritt vun der Chamber, Dir sollt Äre iPhone, oder soss Produiten, déi Der vun Apple hutt, aktualiséieren, fir dass mer kënnen zumindest sécher sinn, dass de Pegasus hei an der Chamber net ass. An ech hoffe jo, dass jiddereen dat och wäert gemaach hunn.

Et ass och net, dass dat elo iergendeng Fantasie wär, dass e Parlament oder Ministere géife vun esou enger Software wéi Pegasus ofgelauschtert ginn, well kee mannere wéi den Emmanuel Macron war Affer vun där ganzer Pegasus-Software souwéi dräi Ministeren a Frankräich.

Dofir meng éischt Fro: Wat huet eis Regierung gemaach, fir sech selwer ze iwwerpräiwen, ob net e Befall vu Pegasus war? Well do kann ee jo sécherlech verschidden Updates aspillen an och herno iwwerpräiwen. Déi Tools ware jo do, fir dat nozepräiwen.

Et sinn awer net nëmme Ministeren oder Politiker gekuckt ginn. Nee, et si souguer Staaten, déi hu Pegasus benotzt, fir géint Mëscherechtlecher, géint Journaliste virzegoen, an dat net iergendwou wäit ewech. A Frankräich zum Beispill waren et d'Journalisten, déi ofgelauschtert gi sinn. An Ungarn si se vun der Regierung ofgelauschtert ginn, wéi se grad amgaange waren, an dat war jo bestëmmt pueren Zoufall, do e Skandal iwwer gewësse Banke vun engem gewëssene Mann un der Spëtzt vum Land opzedeecken.

Dat heescht, Dir gesitt, wéi geféierlech déi ganz Pegasus-Affär eigentlech ass, well se jiddereen treffe kann an, wéi ech am Ufank gesot hunn, ouni dass Der et mierkt! Jidderee kann et op sengem Apparat matdroen. An dat Schlëmmst ass: Dir

musst emol net aktiv ginn. Pegasus, an och aner Trojaner, ginn esou wäit, déi maachen Äre Kamera un, Äre Mikro un, ouni dass Dir et mierkt. Dat heescht, et kann am beschte Fall an engem Restaurant sinn, am schlechteste Fall an enger ganz penibeler Situatioun. Dat heescht, do muss ee ganz gutt oppasse mat esou Trojaner.

An dat Ganzt ass jo net opkomm elo, well iergendwellech Regierung gesot hunn: „Mir hunn esou Tools kaaft“, nee! Et waren d'Mëscherechtlecher vun Amnesty, déi higaange sinn a si hunn dat Ganzt opgedeckt, zesumme mat Journalisten, fir eeben dorobber ze sensibiliséieren.

An et ass jo elo net, dass dat dote ganz nei wär. 2019 gouf et schonn eng Klo an den USA géint déi Firma NSO, wou ech herno nach eng kéier wäert drop zrëckkommen.

Mee wat waren dann do schonn d'Reaktiounen vun de Staaten?

Eigentlech bal keng. Deemools hätt ee scho kënnen higoen an déi Sécherheetslück schlëssen, mee den Interessi war net do. An dat ass ee vun de grouse Problemer. Well wa Staaten - an ech ginn elo guer net drop an, ob Lëtzebuerg Pegasus kaaft huet oder net, well ech weess, Dir dierft mer net äntwerten -, Pegasus kaaft hunn, finanzéiere se automatesch mat, fir déi Sécherheetslücken opzehalen, an dass autoritär Regimier déi herno kënnen mat benotzen. Well de Problem ass jo d'Kontroll.

A bei der Kontroll kommen ech op déi Firma NSO, déi zu Lëtzebuerg aktiv ass, well - an dofir hunn ech och hei an der Chamber ugefrot - den Headquarter vun där Firm zu Lëtzebuerg ass. Et ass eng israelesch Firma, déi zu Lëtzebuerg awer hir Büroen huet, fir déi Vente beziéungsweis herno de Support oder d'Après-vente kënnen ze maachen. An dat ass net nëmmen eng, nee, et sinn direkt zwou Särlen, zwou Filialen, jo, a siwen Holdings, déi zu deem ganze Geflecht gehéieren, wat iwwer Lëtzebuerg leeft.

An do muss ee jo awer ganz kloer soen, dass een d'politesch Responsabilitéit als Regierung a firwat net mir als Parlament mat neien, méi strenge Gesetzer muss iwwerhuelen, fir dass esou eppes net geschitt. Well ech erënneren drun: Hei si Mëscherechtlecher, déi ausspionéiert gi sinn. Keng Terroristen! Et si Mëscherechtlecher, déi vun dësem Softwaretool mëssbraucht gi sinn.

An do ass d'Fro: Den Här Asselborn huet jo schonn e Bräif un déi Firma geschéckt, ob do schonn eng Äntwert koum, a wéi d'Regierung gedenkt weiderzefueren an där ganzer Thematik. Well ech fülle mech guer net gutt derbäi, wann herno an enger „New York Times“ steet, et wär erëm via Lëtzebuerg, wa Saudiarabien, Ungarn oder soss Länner enzwousch optauchen an allkéiers mir erëm zitéiert ginn als dat Land, wat et iwwerhaapt emol méiglech mécht, dass déi kënnen hir Commercen hei an Europa maachen.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Très bien!

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Well et si jo och europäesch Länner ..., Spuenien, déi hunn et nämlech géint Inlandpolitiker zum Beispill agesat. An do ass et mat ganz vill Bauchwéi, wou ech gelies hunn, dass dann ëmmer erëm Lëtzebuerg ... Mee do kann een awer och déi Fro stellen, den Här Asselborn ka mer do vläicht drop äntwerten, firwat déi Firma iwwerhaapt Lëtzebuerg erausgesicht hat deemools, wat hir Grënn waren a wéi eng Lizenz se deementspriedend ugefrot huet.

Well fir eis Piraten ass kloer: Esou en Trojaner ass eng Cyberwaff. An do muss ee ganz kloer Gesetzer hunn, wéi een déi dierf exportéieren an u wien déi dierfe verkaaft ginn. Et verkeeft ee jo och net einfach esou anert militärescht Gerät. Well hei si mer am Kader vun enger Cyberwaff.

Da komme mer bei eis Justiz.

**(Interruption par Mme Josée Lorsché)**

A sou!

**(Interruption)**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Goergen, et ass un lech!

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Mee natierlech hunn ech d'Madamm Minister vun der Justiz gefrot! Ech hunn den Här Asselborn gefrot fir alles, wat am Ausland ass, Madamm Lorsché, an d'Madamm Justizministesch, wat alles am Inland ass. An ech mengen och, dass dat ganz kohärent ass. Well et iwwerrascht lech vläicht als Gréng, mee och hei zu Lëtzebuerg sinn Trojaner akaaft ginn! Ech weess, et ka kee mer haut äntwerten, ob et dann den Trojaner vu Pegasus ass. Mee et gi jo nach méi schlëmmer an et ginn och méi harmloser. Dofir ass et ganz wichteg, dass een eng kéier driwwer diskutéiert, wéi déi och hei am Land agesat ginn, Madamm Lorsché.

An do ass eeben d'Fro: Eis Gesetzer hei am Land, an dat ass jo och eng Diskussioun, déi elo am Bundestag ganz aktiv gefouert ginn ass, wann esou

Trojaner agesat ginn, ob do couvriert ass iwwert d'Gesetzer, wat en nach alles erfaasst, well do jo nach allegueren déi privat Donnéeën vun den eenzelne Leit mat dropkommen.

Ech géif jo am léifsten och elo d'Madamm Justizministesch iwwer méi Informatiounen froen, wéi déi Trojaner hei am Land agesat sinn a wéi oft an esou weider, mee ech weess, dass Der eis do keng Informatiounen kënnt ginn. Mir haten lech elo rezent nach an enger Question parlementaire gefrot iwwert d'Vorratsdatenspeicherung. Do konnt Der eis leider och keng Informatiounen ginn, wéi oft déi ofgeruff ginn ass oder esou. Dat heescht, do feelt och de Contrôle.

A wann ech op de Contrôle kommen, dat ass nämlech och e ganz wichtige Punkt. Am Bundestag war et nämlech esou, de Bundesnachrichtendienst setzt nämlech och Pegasus an. Dat fannen ech schonn u sech e Skandal, dass déi däitsch Regierung dat ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ganz schlëmm!

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- ... mat finanzéiert huet. Mee den Hummer ass: Déi hunn och, änlech wéi mir, eng SREL-Kontrollkommissioun, mee där gouf dat emol net gesot! Herno ass et opgedeckt ginn, elo kuerz virun den däitsche Wale, ...

**(Interruption par M. Fernand Kartheiser)**

... wéi dat erauskomm ass.

Jo, Här Kartheiser, Dir sëtzt jo an der SREL-Kommissioun!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Nee, nee, ech sëtzen net do dran.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Mir Piraten sëtzen net dran. Dat heescht, mir kënnen ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech och net.

■ **Une voix.**- Et ass egal!

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Sëtzt Der net méi dran?

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Nee, nee!

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Net méi. A!

**(Interruption par M. Fernand Kartheiser)**

A jo, do war eppes.

**(Hilarité)**

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Et ass emol net geheim.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Wéi, et ass net geheim?

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Kartheiser, den Här Goergen huet eleng d'Wuert ...

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Also wann et net geheim wär, da géif ech jo gären iwwert ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dir hutt d'Wuert net.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- ... da géif ech jo gären iwwert de SREL schwätzen. Mee ech hale mech un dat, wat do gesot ginn ass, dass mer net iwwert de SREL an der Effentlechkeet schwätzen. Deementspriedend stellen ech meng Froe jo och un d'Justiz, déi se asetzen dierf, an dat jo och effentlech ass, a wou mir als Parlament do och eng gewësse Kontroll mussen driwwer hunn.

An dat ass eeben dee Punkt, deen ech och an eiser Motioun opgräifen: Mir hunn eng Motioun matbruecht, wou mer froen, dass an enger Kommissiounssëtzung - an ech weess, fir dass kee sech opreegt, mir hunn extra e Huis clos gefrot -, fir dass an enger Kommissiounssëtzung kann iwwert d'Iwwerwaachungs- an d'Spionagesoftware geschwat ginn, déi hei zu Lëtzebuerg agesat ginn.

**Motion 1**

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

*- Duerch d'Oplärungsarbecht vun engem internationale Journalistennetzwierk ass un d'Liicht komm, dass déi israelesch Firma NSO Group eng Spionagesoftware mam Numm „Pegasus“ u staatelech Organisatiounen verkeeft.*

*- D'Software gëtt, laut NSO, ausschliisslech u staatelech Institutionen verkaaft, déi an der Terrorismusbekämpfung aktiv sinn.*

*- D'Spyware kann iwwer een „Zero-Click Exploit“ op Handyen installéiert an deinstalléiert ginn, ouni dass de Besëtzer dovunner eppes matkritt. Esou kënnen d'Affer ausspionéiert ginn, ouni dass si eppes dovunner matkréien.*

*- D'Spyware gouf net nëmme fir d'Bekämpfung vun Terrorismus benotzt, mee och op Handye vu Journalisten, Mëscherechtsaktivisten an Oppositionspolitiker erëmfonnt.*

*- Wéinst der Confidentialitéit ronderëm d'Spyware ass net gewosst, ob lëtzebuergesch Journalisten, Mëscherechtsaktivisten a gewielte Volleksvertreder ausspionéiert ginn.*

*Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,*

*1. an enger Kommissiounssëtzung am Huis clos den Deputéierten Informatiounen ze liwweren iwwert den Akaf an d'Benotzung vun Iwwerwaachungs- a Spionagesoftware duerch d'Justiz an d'Exekutiv.*

*(s.) Marc Goergen, Sven Clement.*

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- An dann, fir ofzeschlëssen, et ass wéi de WhatsApp-Chef a -Grënner dat richtig gesot huet: „Mobiltelefone sind entweder für jeden sicher oder sie sind nicht für jeden sicher.“ Esou einfach ass et. A wa mir als Staat higin a mir finanzéieren, oder Dir finanzéiert déi Sécherheetslücken an Dir kaaft déi Produiten, da maacht Der domadder och e risegt Lach op.

An ech mengen, bei Pegasus ass et lech ëm d'Quere geflunn, dass esou Firmen och herno Journalisten, lech selwer als Politiker ugräifen a Mëscherechtlecher am Viséier haten. An dat ass eppes, wat mir als Lëtzebuerg eigentlech net sollten toleréieren. An dofir hoffen ech och op eng ganz schnell Reaktioun, dass net Lëtzebuerg widerhin dat Land bleift, wou esou eng NSO Group kann hir Geschäfte maachen.

Merci.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar ageschriwwen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo. Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, Madamm, Dir Häre Ministeren, ech soe fir d'alléréischt de Kollege vun de Piraten an net vun de „Privaten“ Merci fir déi Initiativ, déi se geholl hunn, fir dee Punkt, ënner Form vun enger Heure d'actualité, op den Ordre du jour ze setzen.

Wann ee sech an deene leschte Wochen a Méint e bësse mat deem Sujet vu Pegasus beschäftigt huet, dann hat een heiansdo d'Impressioun, et hätt een e schlechte Krimi gelies, well jo dann hei anscheinend weltwäit Politiker, awer och Journalisten, Mëscherechtsaktivisten, Affekoten ofgelauschtert gi sinn iwwer e Wee vun enger Spionagesoftware. Anscheinend ass et och esou, doduerch dass déi Leit telefonéiert hunn, op den Internet gaange sinn, dass dat duergaangen ass, fir effektiv déi Leit do schonn ofzelauschteren.

Ech wëll och direkt ganz kloer am Numm vun der CSV-Fraktioun soen, dass mir natierlech déi doten Aart a Weis, wéi Software gebraucht ginn, net kënnen guttheeschen. A mir sinn och ganz kritesch, wat déi ganz Thematik vun deene sougenannte „Staatstrojaner“ ubelaangt.

An ech schwätzen hei ënnert dem strikte Contrôle vun engem vu mengen zwee Fraktiounscheffen, dem Gilles Roth, deen dat jo och schonn e puermol hei am Kader vun Interventiounen gesot huet, dass mir just d'accord sinn, dass een op esou Softwaren zrëckgräift, wann een do sécher ass, dass souwuel den Dateschutz wéi och d'Mëscherechter vun deenen eenzelne Leit do respektéiert ginn. Dat ass a bleift fir eis e fundamental wichtige Punkt. An duerfir kënnen mir och déi Aart a Weis, wéi dann anscheinend hei Mënschen ausspionéiert gi sinn iwwert deen dote Wee, natierlech net guttheeschen.

Ech wëll awer direkt elo op vläicht dee wichtigste Punkt zrëckkommen, nämlech deen, wat déi ganz Affär Pegasus dann eigentlech mat Lëtzebuerg ze dinn huet. An do sinn ech net ganz d'accord hei mat den Ausféierunge vum Kolleg Marc Goergen.

Fir d'alléréischt, mengen ech, muss ee wëssen: Wat sinn d'Lienen, déi déi Firma NSO eigentlech mat Lëtzebuerg huet?

An da stellen ech fest, an dat war jo och op ville Plazen nozeliesen, déi Gesellschaft huet natierlech eng Rei vu Strukturen hei zu Lëtzebuerg, notament eng SOPARFI, an iwwert dee Wee geréiert se eng Rei vun Aktivitéiten. An do wëll ech vläicht awer dem Kolleg Marc Goergen soen: Eleng dat ass keng Infraction contre la loi! De Fait, dass een hei eng Rei vu Strukturen huet, ass eigentlech eng Saach, déi normal ass.

An ech wëll och emol betounen, dass déi Firma NSO, wéi vill aner Firmen ... Hei ass elo en abus gemaach ginn, mee déi Software kann och agesat gi fir ganz aner, ganz positiv Zwecker, fir notament Pedophilie ze verfolge, fir géint Terrorismus virzegoen. Also, et kann een och net alles hei, Här Goergen, an een Dëppe geheien.

Deen eenzege Punkt, dee wierklech fir eis hei relevant ass, ass deen, ob iergendwéi iwwer Lëtzebuerg hei Export vun esou enger Software gemaach ginn ass. Dat ass wierklech dee weesentleche Punkt, well wann dat geschitt wier, hätt natierlech missen eng Autorisatioun vun der Regierung virleien.





Ech hunn do d'Äntwerte vum Här Asselborn gelies, datt dat net de Fall ass, an ech hunn eigentlech kee Grond, dat net ze akzeptéieren, wat hei d'Regierung an den Här Asselborn soen. Ech muss dervun ausgoen, wann dat esou kloer vun engem Regierungsmember gesot gëtt, datt dat net de Fall ass, datt dat esou och ass. An da muss een de Contraire beweisen. A bis elo hunn ech nach kee Beweis an der Géigerichtung gesinn.

Duerfir, kommt mir bleiwen elo emol awer hei ganz roueg! Am Moment ass eigentlech an där ganzer Pegasus-Affär, ausser datt se een natierlech opreegt, keen Element dran, wou iergendwéi Verfehlungen hei gewiescht wiere par rapport zu Lëtzebuerg. An ech mengen, datt ass awer vläicht elo emol dat wichtegst Element. An dat wëlle mir och hei als CSV-Fraktioun zrëckbehalen.

Doriwwer eraus, an do wollt ech awer eng Kéier och ganz kuerz nach op déi Punkten agoen, stelle sech natierlech hei eng Rei vu Froen. Do stellt sech notamment d'Fro, wéi et mam Export vun esou Softwaren ass. An datt do d'Reegele vläicht am Moment net duerginn, déi mer och um Niveau vun der Europäescher Unioun hunn, do si mer d'accord! An et ass och wichtig, datt een ëmmer erëm déi dote Reegelen hannerfreet a se adaptéiert, wann een der Meenung ass, datt se net méi ugepasst sinn.

An notamment dee Wassenaar-Agreement, vun deem oft rieds geet, ech mengen, datt deem effektiv reformbedierft ass. An duerfir och eisen Appell un d'Regierung, fir do ze intervenéieren.

An déi fir mech awer weesentlech Fro, déi sech hei stellt iwwert déi ganz Thematik do vun där Software, ass: Wéi gi mir elo an och an Zukunft ëm mat de Kommunikatiounen - ech soen elo emol - vun de PEPen, de „politically exposed persons“? An dat geet bei lech, léif Kolleegen aus der Regierung, un, dat huet awer och mat héije Beamten ze dinn, dat huet och mat der Chamber ze dinn. Wéi sécher, léif Kolleginnen a Kolleegen, sinn effektiv eis Kommunikatiounen? An dat ass e Punkt, deem eis ganz vill Suergen effektiv mécht. An do stellen ech mer effektiv d'Fro: Wou ass do déi national Cyberkriminalitätsstrategie? Wéi wëllt d'Regierung do virgoen, fir wierklech eis alleguerten och do eng gewësse Garantie ze ginn?

Ech mengen, léif Kolleginnen a Kolleegen, dat sinn déi weesentlech Froen an iwwert déi solle mer debattéieren. Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Mosar. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. U sech kënt den Numm „Pegasus“ jo aus der griechescher Mythologie.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Dat verbënnt ee jo mat engem Pär, wat Fillegen huet.

Mee zënter Mëtt Juli associéiert een den Numm allerdéngs leider mat anere Saachen, déi vläicht manner interessant sinn.

Ech mengen, mir hunn elo scho vill hei iwwert déi israellesch Firma NSO geschwat, déi dee Logiciel do entwéckelt huet. Déi Firma huet a 40 verschidene Länner Clienten. Et ass awer elo erauskomm, datt eng ronn 50.000 Smartphone viséiert waren, fir do Date kënnen ze iwwerwaachen. Dat geet vu private Kalenneren, déi een opstellt, bis hi souguer och Ecoutten, dat heescht, datt ee ka Gespréicher souguer nolauschten. Ech mengen, wann een déi Saachen héiert, da gëtt et engem natierlech awer ganz ellen.

Wann een dann och nach weess, datt dat doten awer eng Entwécklung ass, déi an enger ganzer Rei vu Länner awer quasi akzeptéiert ginn ass, da muss ee sech awer munch Froe stellen.

Vläicht awer, aledend, déi eng oder déi aner Iwwerleeungen zu der Spionage insgesamt.

Mir befannen eis natierlech ëmmer um Niveau vun engem gewëssene Minnefeld, wa mer iwwer Spionage diskutéieren. Woubäi een allerdéngs net vu virera kann Iwwerwaachung/Spionage, ech wëll elo kee Plädoyer onbedéngt derfir halen, mee et kann een awer net alles verdamen.

Ech wëll nëmmen op ee Beispill hiweisen, déi berüumt Geschicht Enigma aus dem Zweete Weltkrich. Wann do net brittesch Leit gewiescht wieren, déi e Codeknacker opgestallt hätten, soe Spezialisten, dann hätt den Zweete Weltkrich warscheinlech nach méi laang gedauert. Soudatt een also och op déi Manéier muss awer erkennen, datt d'Spionage, déi mer mat Sécherheet ni wäerte kënnen ganz eliminéieren, awer och munchmol positiv Säiten huet.

Ech mengen, och virun allem um Niveau vum militäresche Gebitt ass et novollzéibar, datt gewësse Spionageakte virgeholl ginn. Mir sinn am Moment erëm an enger Zäit, ech schwätzen net vun engem Kale Krich, mee mir wëssen awer, datt mer eng

ganz Rei Problemer hunn. An do ass et also nozevollzéien, fir d'NATO elo emol mam Nimm hei ze nennen, datt se sech awer och Gedanke mécht iwwer verschidde Länner, déi amgaange sinn, ganz vill Efforten ze maachen, wat d'Oprüstung ubelaangt.

Wat natierlech awer ganz spezifesch ass, mir wëssen dat, datt virun allem natierlech an Diktaturen d'Iwwerwaachung quasi aldeeglech ass, datt do ganz vill ausspionéiert gëtt a virun allem Leit, déi sech fir human Ziler asetzen, sief dat fir demokratresch Ziler, sief dat awer och virun allem fir d'Menscherechter ze vertrieben, an datt et do inakzeptabel ass, datt esou Logiciellen dee Moment genotzt ginn.

Wat ee besonnesch awer hei erfieert huet, wann een elo kuckt, wéi eng Länner concernéiert waren; dat sinn der plus ou moins zéng. Datt do Länner drënner si wéi Aserbaidjan, wéi Saudiarabien, ech mengen, dat huet een elo manner nervös gemaach. Mee éischter huet een awer trotzdem sech Froe gestallt, wann awer e Land aus der Europäescher Unioun derbäi ass. Ungarn zum Beispill, wou elo onofhängeg Journaliste mat deem Logiciel do oder mat deem Trojaner - wéi gesot, ech si kee Spezialist an där ganzer Matière - iwwerwaacht gi sinn. Dat ass natierlech awer inakzeptabel. Dat gëtt engem awer och ganz kloer ze denken.

Natierlech kritt déi ganz Saach hei e bësse méi eng pikant Nott, wann ee weess, datt eeben d'NSO eng Rei Ennergesellschaften och hei zu Lëtzebuerg huet. Ech mengen néng.

Ech muss awer direkt hei ënnersträichen, a mir hunn dat awer wierklech begréisst, datt den Ausseminister, den Här Jean Asselborn, ganz séier reagiert huet, wéi déi Saach do am Fong geholl opgeflunn ass. Den Här Ausseminister huet den 21. Juli vun dësem Joer direkt e Bréif un déi néng concernéiert Firme geschriwwen, wou en awer ganz kloer och op déi Lëtzeburgeresch Legislatioun higewisen huet a se och drop opmierksam gemaach huet, am Fall wou se géifen elo hei awer Abuse bedriewen, wat dat och géif bedeuten.

Bon, d'Fro, déi sech natierlech elo hei stellt: Wat kënnen mer aus där ganzer Affär hei léieren? Ouni Zweifel muss och eng gewësse Géigenattack entwéckelt ginn. Dat heescht, mir müssen zousätzlech technesch Moyenen entwéckelen, fir eeben, wéi gesot, esou Entwécklungen kënnen ganz séier och ze konterkaréieren. Well et kann net sinn, ech soen dat nach eng Kéier hei, datt onschëlleg Leit, déi sech fir human Ziler asetzen, hei op eemol iwwerwaacht ginn.

Mir brauchen natierlech och vill méi Experten, déi d'Bekämpfung vun der Cyberkriminalitéit kënnen weiderféieren. An natierlech muss sech awer och d'Fro gestallt ginn, ob net den Arsenal vun de Strofe muss eropgesat ginn. Dat schléisst natierlech och net aus, datt och eng Firma wéi d'NSO awer muss vläicht nach méi genee iwwerwaacht ginn, hir Aktivitéiten nach méi genee muss gekuckt ginn.

An dann natierlech muss och den Exportcontrôle um europäeschen Niveau verstärkt ginn. Virun allem begréisste mer do awer och dat neit EU-Reglement 2021/821 iwwert den Export vu Biens de cybersurveillance, wat jo elo zënter dem 9. September a Kraaft ass, wat u sech misst en zousätzlech Element sinn, fir déi ganz Aktivitéiten do awer méi enner Kontroll ze halen.

D'Fro ass och ze stellen, ob een net misst um internationalen Niveau eng sougenannte „Konventioun“ ausschaffe géint d'Cyberkriminalitéit.

Grad mir als Lëtzebuerg kënnen jo elo eng zousätzlech wichteg Roll spillen. Ech mengen, mir hunn elo ganz rezent d'Chance gehat, datt mer e Sätz kruten am UN-Menscherechtsrot. A grad do ass awer vläicht eng gutt Plattform, wou mer eis kënnen derfir asetzen, datt elementar Menscherechter verstärkt géife respektéiert ginn.

Et dierf een och net vergiessen, wa mer iwwer Spionage/Iwwerwaachung schwätzen, och mir hunn natierlech hei zu Lëtzebuerg esou e Geheimdéngscht, iwwert deem ech natierlech och wëllt keng weider Wieder hei verléieren. Mee trotzdem, ech wëll dat ganz kloer ënnersträichen, et ass gutt - et ass gutt! -, datt mer dee Service hunn, well et jo hei virun allem dréms geet, d'Sécherheet vum Staat ze garantéieren. An dat muss awer ëmmer nach e primäert Zil vun engem Rechtsstaat sinn.

Jiddefalls, déi ganz Thematik hei wäert eis och an Zukunft nach verstärkt beschäftegen. Mir sinn eis bewusst, datt dat doten eng Entwécklung ass, déi op kee Fall ze ënnerschätzen ass. Ganz au contraire! Ech soen och duerfir de Kollege vun de Piraten Merci, datt se dat heiten elo thematiséiert hunn. Et ass wichtig, datt mer dat debattéieren. An et ass och wichtig, datt mer eis awer fir d'Zukunft esou ekipéieren, datt esou mann ewéi méiglech Problemer kënnen op deem doten Niveau bei de Kommunikatiounen entstoen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Graas. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kolleegen, den Här Goergen huet a senger Interventioun de Problem vun den Iwwerwaachungssoftwaren a vun der sougenannter Pegasus-Affär eigentlech am Detail belicht, soudass ech mech kann e bësse méi op dat Weesentlech konzentréieren.

Ouni Dateschutz an ouni Schutz vun der Privatsphär kann et weeder Fräiheet nach Demokratie ginn. An dofir muss et eist Zil sinn, de fräien an onkontrolléierten Handel vun Iwwerwaachungssoftwaren, eebe wéi déi vu Pegasus, esou gutt wéi méiglech ze ënnerbannen. A mir dierfen och net naiv sinn a mengen, dass mat Pegasus just eng esou eng Software géif op der Welt existéieren.

Op europäeschem Plang gëtt och elo gehandelt. Den 9. September ass en neit EU-Reglement a Kraaft getrueden. Dëst Reglement soll eng gréisser Kontroll a puncto Cyberiwwerwaachung erméiglechen duerch enner anerem en neie Koordinationsmechanismus op EU-Niveau an doduerch, dass bei esou Technologien Exportverbueter kënnen agefouert ginn, wann de Risiko besteet, dass se zum Beispill fir Mänscherechtsverletzungen kéinte benotzt ginn.

Ee Problem awer bleift: wa Staate bannent der Europäescher Unioun selwer zu Clienté vun esou Iwwerwaachungssoftware ginn an domadder Abuse bedriewe ginn! Et ass och scho virdru gesot ginn: De Recherché vu Journalisten no, déi de Pegasus-Skandal opgedeckt hunn, gehéiert och déi ungersch Regierung zu dëse Clienté vun der Firma NSO, och wa si dat nach ëmmer offiziell ofstreiden.

Fakt ass, dass d'Telefonnummere vu Leit an Ungarn op der Lëscht stoungen, dorënner eng Rei Journalisten, déi sech virdru kritesch och iwwert d'Regierung geäussert haten. Hei muss politeschen Drock gemaach ginn a séchergestallt ginn, dass d'EU-Reegelen an all den EU-Länner respektéiert ginn. A jo, et ass och un eis als Chamber, dorop ze halen, wat mer am Fall Ungarn schonn déi eng oder aner Kéier heibanne gemaach hunn.

Dëse Fall weist och, dass d'Fuerderungen no engem internationale Moratoire op dem Handel vu sougenannter Spy Software, och wann dat sympathesch kléngt, warscheinlech guer net effikass wier. Wéi bei all Moratoire brauch just ee sech net dovunner betraff ze fillen, fir dass et net opgeet. Dofir muss mir weider op Kontrollmechanisme setzen.

Dat gëllt awer net just um europäeschen Niveau, mee och national si mir gefuerdert. Well Lëtzebuerg ass, wéi scho virdru gesot, wann och nëmmen um Bord betraff, dëst duerch déi Lëtzeburgeresch Firmen, déi deem NSO Group gehéieren an un déi sech den Ausseminister schonns adresséiert huet, fir si un eis gesetzlech Flichten ze erënneren; eppes, wat mir ausdrécklech begrëissen.

Well mir sinn hei zu Lëtzebuerg eigentlech net schlecht opgestallt. Sou steet am Gesetz vum 27. Juli 2018 (veuillez lire: vum 1. August 2018), dass Entreprene, déi gären esou eng Technologie liwweren, fir d'éischt emol déi néideg Autorisatioun derfir mussen froen, wat eis eng Kontrollméiglechkeet gëtt.

Doriwwer eraus muss een och wëssen, dass den Ausseministère eng Etüd an Optrag ginn huet iwwer eng méiglech gesetzlech Verankerung vun enger Suergfaltsflicht iwwert Mänscherechter fir Entreprene, déi hei zu Lëtzebuerg domiciliéiert sinn. Déi Etüd ass, souwäit ech weess, de 14. Abrëll der Regierung presentéiert ginn, also nach virun der Pegasus-Affär.

E Comité interministériel schafft elo un der Ausarbeitung vu Richtlinnen, déi entweder an enger nationaler Legislatioun oder an en europäeschen Text sollen afléissen. Vläicht kann eis den Här Asselborn herno soen, wou déi Aarbechten haut dru sinn.

Erlaabt mer wannechgelift, um Enn zwou Feststellungen ze maachen.

Déi éischt ass, dass et duerch eng Zesummenarbeit vu Medien a vun der Zivilgesellschaft méiglech war, déi sougenannte Pegasus-Affär iwwerhaupt un d'Licht ze bréngen. An dësem Fall waren et de Kollektiv Forbidden Stories an d'ONG Amnesty International. Dat verdéngt eise Luef. An a Konterpartie muss mir, d'Politik, eis weider staarkmaache fir onofhängeg Medien a fräi ONGen zu Lëtzebuerg an och soss an der Welt.

Eng zweet Feststellung, a vläicht och Konklusioun, ass déi heiten: Och wann dëse Skandal Lëtzebuerg just um Bord betrëfft, esou ass dat awer eng Problematik an am grouse Sënn, déi an enger digitaler Welt ëmmer méi Ausmoosse wäert kréien. Dofir ass et wichtig, den Handel vun Iwwerwaachungssoftware esou gutt et geet ze kontrolléieren a wa méiglech souguer ze ënnerbanne respektiv de Gebrauch ze reglementéieren. An dofir muss mir zu Lëtzebuerg eise Bäitrag eebe leeschten.

Ech wëll net ze déck opdroen, mee et steet hei net manner um Spill wéi eis Fräiheet an eis Demokratie. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Cruchten. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Villmools merci, Här President. Jo, villes ass scho gesot ginn. Et ass a verschidde Richtunge gaangen. Dat hei ass e bësse esou en Exercice, wou ech vläicht géif umierken, dass ... Bon, engem Deputéierte sti jo verschidde Méiglechkeeten zur Verfügung, fir e Sujet op den Ordre du jour ze bréngen. Dat hei wär fir mech esou e Sujet gewiescht, dee sech total gutt géeeigent hätt, fir eng Question élargie zum Beispill draus ze maachen.

Ech hunn natierlech och guer kee Problem domadder, als Gréng hei Stellung ze bezéien. An an deene meeschte Fäll gëtt et eis jo och eng gutt Geleeënheet, fir op ..., also all de Fraktiounen eng gutt Geleeënheet, fir zu engem Sujet Stellung ze bezéien. Mee et wär mer awer wichtig, dass d'Demanden dann e bësse méi konkret formuléiert wären, well ech mech effektiv elo hei an eng ganz aner Richtung orientéiert hunn. Dat heescht, wann et herno net sollt en Exercice fir d'Geschichtsbücher ginn, da wär et net schlecht, wann dat e bësse méi prezisiéiert wär.

Wa mer dann awer elo zum Sujet selwer kommen, dee jo och wierklech net grad onbedeutend ass, mee vu dass mer effektiv guer net kloer war, op wat et sech genau sollt fokusséieren, wollt ech mech op de Volet vum Devoir de vigilance konzentréieren. Et ass jo och e Sujet, deem den Här Cruchten elo schonn ugeschwat huet. Et ass en Dossier, deem eis ganz wichtig ass.

An et ass gesot ginn: Recht op Privatsphär, dat ass e Mänscherecht. Am Fall vum Dossier Pegasus schwätze mer awer net just vun engem Recht op Privatsphär, mee vun enger Gefor fir d'Basis vun eiser Demokratie. Dat ass och schonn e puermol gesot ginn.

Wa Software benotzt ginn, fir Journalisten ausespionéieren, Mänscherechtsaktivisten ausespionéieren oder och Politiker ausespionéieren, dann hu mer e seriöse Problem. A säit de Revelatiounen vum Edward Snowden wësse mer, dass d'digital Iwwerwaachung vusäit vu Staate keng Sciencefiction ass, mee eng Realitéit. An de Pegasus-Skandal bestätegt dëst an e weist, dass privat Entreprene doraus e Geschäftsmodell gemaach hunn op d'Käschte vun de Mänscherechter an eisen Demokratien.

An de Grond, firwat mer haut heiriwwer schwätzen, ass jo, well et sech ëm eng Firma handelt, déi Duechterfirma mat Sätz hei zu Lëtzebuerg huet. A mir sinn eis jo och alleguerte bewusst, wat dat och fir d'Reputatioun vun eisem Land bedeit, ganz geschweige, wat et fir d'Liewe vun de concernéierte Persounen bedeit. An ech weess och, dass eiser Regierung vill dru läit, do dergéint ze steieren. Duerfir begrëisse mer och, dass eisen Ausseminister ganz schnell reagiert huet an e Bréif erausginn huet.

Mee op där anerer Säit schwätzt et awer och Bänn, dass eis, ausser Courriere schreiwen, keng wierklech Moyenen zur Verfügung stinn. An dass deem esou ass, läit enner anerem och dorunner, dass mer keng national Gesetzgebung hunn, déi Firma kéint zur Rechenschaft zéien, wa se an hiren Aktivitéiten d'Mänscherechter mat Féiss trëppelen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Domadder hu mir keng juristesche Instrumenter, déi eis et géifen erlaben, do dergéint virzegoen.

An dëse Fall weist och, dass et immens wichtig ass, dass e Liwwerkettegesetz déi ganz Liwwerketten ofdeckt, also souwuel d'Liwwerketten erof Richtung Zouliwwerer an d'Produzenten, mee eeben och erop Richtung Clienten, un déi d'Produkte herno verkaaft ginn.

An duerfir géif ech och nach gären eng Kéier déi Fro opgräifen, déi vum Här Cruchten scho gestallt ginn ass bezüglech deem Groupe interministériel, dee jo no der Etüd vun der Madamm Bağlayan zustane komm ass. Deen interministerielle Grupp huet sech jo elo schonn eng ganz Partie kéiere gesinn. An ech wollt just wëssen, ob mer do gutt virukomme mat den Aarbechten a bis wéini eventuell do mat enger Äntwert ze rechnen ass.

Villmools merci!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Empain. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, Här President, villmools merci. An och e Merci un d'Piraten, datt si dee Sujet hei uschwätzen. Et ass natierlech e wich-





tege Sujet, well ech mengen, mir mussen einfach kloer gesinn, datt mer Trojaner an aner elektro-nesch Mëttele brauchen an der Lutte contre le terro-risme et contre la criminalité organisée. Dat si Ban-den, déi extreem brutal Methoden uwenden. A mir kënnen net an deem Krich géint déi Banden oder géint déi Extremisten iergendwéi hannendrableiwen.

Wichtig ass just, datt dat rechtsstaatlech enca-dréiert ass, datt dat u Staate geet, datt dat wierklech kontrolléiert gëtt, och parlamentaresch kontrolléiert. A wann et Abuse gëtt, oder wann et e Verdacht op Mëssbrauch gëtt, wéi en elo am Raum steet duerch déi Enquête vu Journalisten, da muss dat natierlech opgekläert ginn. Awer de Prinzip selwer, dat ass een, dee mer brauchen. Mir liewen an enger Welt, wou esou Problemer sinn. An da musse mer och deenen entgéintriede mat deene Mëttelen, déi eebe rechtsstaatlech méiglech sinn.

Ech wëilt awer op e puer Aspekter agoen.

Deen éischten ass: Wéi geet een un déi Saach erun? - bausepolitesch, ekonomesch an dann aner Aspekter.

Bausepolitesch ass kloer: Den Här Asselborn huet jo scho geschriwwen, datt en am Dialog mat Israel an där Saach ass. Ech mengen, et ass eng israee-lesch Firma. Mir hunn hei gewëssen Aktivitéite vun Entreprises, déi mat där Firma an engem Besuch stinn, wiesselnd Konstellatiounen. Dat gëtt opgekläert. Deen Dialog existéiert. Et gouf keng Exportlizenze vu Lëtzebuerg aus. Dat heescht, souwäit mer de Stand haut hunn, si mir net direkt betraff. Weeder wësse mer eppes vun Aktivitéiten hei am Land nach hu mer bausepolitesch Implika-tiounen bis elo kënnen feststellen.

Ekonomesch ass dat nach eng aner Fro. Eko-nomesch musse mer gesinn, datt hei eng gewësse Fluktuatioun war. Do muss een d'Regierung froen: Wéi gutt ass se informéiert iwwert d'ekonomesch Aktivitéiten hei am Land? Am Ufank ass gesot ginn: „Et sinn zwou Firmen.“ Herno koumen der nach derbäi. Aacht, néng si mer elo. Also do ass schonn eng gewësse Fluktuatioun. Als ech mengen, et wär gutt, fir d'Regierung ze froen: Wéi gutt ass se infor-méiert iwwert déi Verstréckunge vu Firmen hei am Land? An: Wéi séier kann dat opgekläert ginn?

Dann awer zu deene sécherheetspolitesch rele-vante Froen, an dat ass och eppes, wat aner Kol-leege schonn ugeschwat hunn: Hu mir hei am Land eng Sécherheetskultur, wou mer eis deene Risiko bewosst sinn? An: Wat maache mer? Mir woren déi Kéier net cibléiert als Lëtzebuerg, souwäit mer wëssen. Mir woren et awer schonn an der Ver-gaangenheet. Ech erënnere just un Affären, wou d'NSA, de BND, de Bundesnachrichtendienst, dra verwéckelt waren. Et ass e puer Joer hier.

Mee: Wéi eng Konklusiounen hu mir gezunn? Wéi sinn d'Regierungskommunikatiounen an anerer hei am Land gesécher? Zéie mer Konsequenzen doraus? Mir hunn ëmmer e bëssen dat Gefill hei zu Lëtzebuerg, datt mer op der „Insel der Seligen“ sinn an do net esou exposéiert wéi anerer. Dat ass natierlech eng Illusioun. An d'Fro ass: Wéi eng Konsequenzen zéie mer doraus?

Ech wëilt och nach zwou Bemierkunge vläicht maa-chen.

Déi éischt ass, datt mir als Europäer och massiv esou Ekipementer exportéieren. Hei ass verwise ginn op europäesch Reglementer. Mee mir hunn als Europäer ganz vill där Ekipementer a Länner expor-téiert, wou selwer massiv Mënscherechtsproblemer existéieren, wéi d'Volleksrepublik China zum Bei-spill. Do ass ganz vill Ekipement aus Europa. Also loosse mer dat och emol kucken an och selbstkri-tesch do oprieden!

An ech wëilt awer ofschléisse mat enger Bemier-kung un d'Piraten: Si reege sech hei e bëssen op iwwer Vorratsdatenspeicherung an iwwer Spionage an esou weider an esou virun. Mee ech muss lech soen, Dir iwwerzeegt mech net, well „Wer selbst im Glashaus sitzt, soll nicht mit Steinen werfen“.

Ech ginn op Äre Site, do gesinn ech e Site matbe-stimmung.lu. Do sammelt Dir Ënnerschrëfte vu Leit! Do sammelt Dir Ënnerschrëfte vu Leit an Dir gitt hinnen d'Illusioun, dat wär fir de Referendum, am Kader vun der Verfassungsrevisioun. Dat ass absolut net wouer! Et ass weeder eng Petitioun an der Chamber nach ass et eng Prozedur, den Artikel 114 vun der Verfassung.

Dat Eenzegt, wat Dir maacht, ass Vorratsdatenspei-cherung, well Der Adresse vu Leit sammele gitt, déi mat blannem Vertrauen op Äre Site ginn. Dir maacht hei ..., Dir sidd den Trojaner an der Lëtze-buerger Politik! Also kommt elo net heihinner a reegt lech op!

■ **Plusieurs voix.** - Oo!

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ech soen lech Merci.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Nee, Här Kartheiser, esou net!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Fait personnel!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Clement freet d'Wuert fir Fait personnel.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Also, ech weess net emol, wou ech ufänke misst, fir dem Här Kartheiser ze erklären, wat fir e Quatsch en deelweis hei erzielt huet, wéi e gesot huet vu weege Vorratsdatenspeicherung. Jo, et gëtt e Site matbestimmung.lu. A jo, mir sinn amgaangen, an enger Demarche ze kucken, wéi d'Resonanz dobaus-sen ass, fir e Referendum zur Verfassung ze ma-chen. Dat ass kee Geheimnis, dat hu mer a Presse-berichter gesot.

An, au contraire vun der ADR, déi Flyeren duerch d'Géigend verdeelt, fir einfach nëmmen Nee ze soen, an de Leit wëllt d'Illusioun ginn, datt si eleng jo leider näischt kéinte maachen, hu mir gesot: „Ma nee, mir maachen eppes. Mir wëllen de Leit de Choix ginn.“ A wann d'Resonanz grouss genuch ass, da wäerte mer, eeben doduerch, datt mer d'Leit kënnen kontaktéieren, hinnen och soen, wéi se op hirer Gemeng kënnen ënnerschreiwen, zu wéi engen Auerzäiten.

Dat ass vill méi pragmatesch wéi dat, wat den Här Kartheiser hei mécht mat Flyeren, wou en de Leit Angscht mécht. A virun allem muss ech domadder net beleidgend ginn. Ech muss hei kengem ën-nerstellen, e wär en Trojaner. Ech kann einfach soen: Mir stinn zu eise Wäerter. Mir stinn dozou, datt mer méi Matbestimmung wëllen. An dofir hu mer och „matbestimmung.lu“ an d'Liewe geruff. Au contraire vum Här Kartheiser, deen hei nëmmen eng Campagne op Basis vun Angscht wollt maachen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Awer net fir Adressen ze sammeln!

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An da geet d'Wuert un deen nächsten ageschriwwene Riedner. An dat ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Fir d'éischt emol wëilt ech dem Marc Goergen Merci soen, dass en dës Heure d'actualité ugefrot huet, well dee ganze Skandal ronderëm déi Software ass, trotz der enormer Gravitéit, vun der Lëtzeburger Politik an notament vun der Regierung eigentlech net genuch adresséiert ginn.

Ech wëilt als Éischt dräi Constate maachen, laanscht déi ee ganz schwéier kënn.

Deen éischte Constat ass, dass déi lëtzebuergesch Societéit, déi dës Software commercialiséiert, bis elo net inquietéiert ginn ass a weiderhin ongehën-nert hire Geschäftler nokënn. Et sinn nämlech néng Filiale vum NSO Group zu Lëtzebuerg. An et gëtt lagement vu Lëtzebuerg aus finanzéiert.

Déi lëtzebuergesch Regierung gouf schonn Ufank 2019, am Kontext vum Fall Khashoggi, vu mengem Kolleeg David Wagner op déi Firma an déi Software opmierksam gemaach. Si huet dorobber net rea-géiert. Si sot deemools just, et wier net bewisen, dass déi Firma u Mëscherechtsverletzung bedee-legt wier, mee si géif natierlech handeln, wa sech dat géif erausstellen.

Wéi dee ganze Skandal dunn am Juli 2021 ausge-brach ass, ass d'Regierung awer weiderhin ontäteg bliwwen. Nëmmen den Här Asselborn huet, pardon, den Här Ausseminister huet reagéiert mat engem béise Bréif un déi betreffend Societéit op Basis vum Exportrecht. Ob et doropshin iwwerhaupt eng Reak-tioun gouf, wësse mer net.

Zweete Constat: Déi lëtzebuergesch Regierung huet, souwäit eis dat bekannt ass, keng Enquête iwwert de potenziellen Asaz vun dëser Software hei zu Lëtze-buerg an d'Weeër geleet. Eis als Deputéierten oder och de Journalisten hei am Land ass zu kengem Moment d'Méiglechkeet ugebuede ginn, hir Handyen op Spuere vu Pegasus ënnersichen ze loossen. Falls d'GSME vun de Ministeren a vun de Ministerinnen ënnersicht goufen, ass dat ni kommunizéiert ginn.

An enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro seet de Premier, dass d'Regierung keng Informatiounen vun engem Asaz vun enger Trojaner-Software duerch auslännesch staatlech Acteuren zu Lëtzebuerg huet. D'Fro, déi sech do opdrängt, ass, ob se jeemools iwwerhaupt un solche Spuere gesicht huet.

Deen drëtte Constat: Déi lëtzebuergesch Regierung huet bis elo nach net kategoresch ausgeschloss, dass déi Software och vu lëtzebuergesche Servicer benotzt gëtt. Si huet just drop higewisen, dass se net iwwert d'technesch Ekipement vun de Servicer kom-munizéiert. Et bleift also am Raum soen, ob zum Beispill de SREL oder aner staatlech Servicer d'Pega-sus-Software kaaft hunn a benotzen.

Wéi ëmmer, wann eis Finanzplaz iergendwéi an e Skandal verwéckelt ass, gëtt de Kapp an de Sand ge-stach an der Hoffnung, dass d'Karawann schnellst-méiglech weiderzitt.

Mee déi heite Geschicht geet wäit iwwert d'Fro vun de Bréifkëschtfirmen eraus. Hei si mer an engem Zenario, wou weltwäit d'Mëscherechter verletzt gi sinn a wou Mënsche gefoltet an ëmbruecht gi sinn. Déi Software vun dëser lëtzebuergescher So-cietéit rappt un de Fundamenter vun der Demokra-tie an der Rechtsstaatlechkeet. D'Regierung muss also de Fall seriö huelen a géint d'NSO virgoen.

Dëse Fall weist och ganz kloer d'Limite vun enger volontärer Approche bei der Fro Business and Human Rights. Et ass gewosst, dass bei der NSO verschidden Investoren ënnerwee kal Féiss kruten an ofgespronge sinn, mee dass dofir aner, méi skrupel-os Acteuren an Investisseuren an d'Lach gespronge sinn - dat iwwregens an der Form vun engem hei zu Lëtzebuerg registréierten Investmentfond.

Ze mengen, dass d'Betriber just aus guddem Wëllen op Profitt verzichten, ass ganz einfach naiv. Mir brauche souwuel national wéi international verpflich-tend Gesetzer fir Societéiten bei dem Respekt vu Mëscherechter. Net iergendwann eng Kéier, mee esou schnell wéi méiglech!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Oberweis.

D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Ausseminister Jean Asselborn. Här Asselborn, Dir hutt d'Wuert.

*Prises de position du Gouvernement*

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étran-gères et européennes*.- Merci, Här President. Léif Dammen an Härren, ech wëll direkt soen, dass ech, also d'Sam Tanson an ech, Merci soe fir déi Heure d'actualité. Mir versichen, esou gutt wéi méiglech dorobber ze äntwerten, selbstverständlech.

Ech wëll awer direkt soe vu mir, dass den Här Goergen do an der Championsleague spillt, wat déi digital technesch Geschichten ugeet. Ech sinn do éischer an der drëtter Divisioun. Mee ech versiche mäi Bescht ze ginn, fir awer do en Duerchbléck ze hunn.

(*Hilarité*)

An ech wëll lech just eng kleng Geschicht zielen: De Muere waren d'Ausseministere vun der Benelux zesummen um Kierchbiere, fir d'Sitzung virzebere-den. Mir hunn de Conseil des affaires générales haut. A mir haten dann déi dräi Handyen do leien. An du sot ee vun deenen zwee anere Ministeren, dass si iwwer Pegasus effektiv Handyen, déi aus waren, ofgelies kruten.

Soudass dat also schonn eng grouss Gefor ass, och wann d'Handyen aus sinn. Ech mengen, Dir hutt dat jo och gesot, dat ass och wichtig fir d'Leit, dass een do awer kann iwwerwaacht ginn an dass ee kann, jo, an eng Situatioun kommen, déi wierk-lech ka ganz penibel sinn.

Bon, elo fir d'alleréisch wat mäin Deel ugeet, an d'Sam Tanson wäert méi op déi juristesche-penal Geschichten agoen, wann Der esou wëllt. Fir d'éischt hu mer jo feststellen, dass déi NSO, déi Entreprise, déi hei ass, déi huet, also fir d'Saachen elo net ze vill ze vermëschen, zwou Filialen a siwen Holdingen. Dat sinn déi Informatiounen op jidde Fall, déi ech hunn.

An déi zwou Filialen, déi maache Backofficeaar-becht hei zu Lëtzebuerg. Déi hunn och ni Lizenzen zu Lëtzebuerg ugefrot, fir Exporter vum Pegasus vu Lëtzebuerg aus ze maachen. Dat ass eppes, wat mir net eleng soen, mee dat huet Amnesty kloer och bestätegt, dass d'NSO net vu Lëtzebuerg aus exportéiert. Ech mengen, dat ass jo awer och e wichtige Punkt.

An Dir wësst och, dass esou Lizenze mussen ugefrot gi fir den Export an dass et eeben de Wirtschaftsmini-stère ass, an Zesummenaarbecht mam Aussemi-nistère, déi dann do den Accord ginn. An ech kann lech soen, dass dat keng einfach Geschichte sinn.

Den 21. Juli, dat ass gesot ginn, hunn ech e Bréif geschriwwen, ëmmerhin dat, un déi Entreprises - den Här Graas huet dat jo och erwänt -, déi do im-plizéiert sinn, an hinne gesot, dass Lëtzebuerg e strikte Respekt vun den Obligatiounen a Saachen Exportreegele verlaangt.

An och dat neit EU-Reglement - ech mengen, den Här Cruchten huet dat ugeschnidde gehat, richtegerweis - iwwert d'Produits à double usage, dat den 9. September a Kraaft getrueden ass, mat enger praktescher Clause „attrape-tout“, wou d'Au-toritéite kënnen Exportkontrolle maachen, wa Sus-picioune bestinn, dass Gidder fir Mënsche-rechtsverletzungen kënnen benotzt ginn, fir dat dann ze verweigern, och dat Reglement wäert an Zukunft bei eis ganz staark applizéiert ginn.

Ech hunn hinnen och onmëssverständlech dee-mools geschriwwen, dass d'Entreprises och am Sënn vun de Principes directeurs vun de Vereenten Nationen eng Responsabilitéit hunn, d'Mënsche-rechter ze respektéieren, an dass Lëtzebuerg op kee Fall toleréiere géif, dass Exportatiounen vun deenen Entitéite vu Lëtzebuerg aus zu Mënsche-rechtsverletzungen an Drëttstaate kéinte bäidroen.

Dee Bréif ass un all Entitéite gaange vun der NSO, souwäit ech déi kennen, den 21. Juli, wéi gesot. An

ech hunn och eng Äntwert kritt. De Grupp NSO huet eis eng Äntwert zoukomme gelooss, déi ech ..., ech mengen, dat verstitt Der, et steet drop „confiden-tiel“. Ech hu mat menge Leit geschwat an och mat eise Juristen: Wann dat confidentiel ass, ass et confidentiel. Gutt! Dat heescht awer net, dass ech lech net därfer soen, wat drasteet.

(*Hilarité générale*)

Et steet dran ... - also dat Wichtigst. Dat Wichtigst, wat drasteet ass: Si confirméiert, d'NSO Group, dass d'Exportatioun vun der Pegasus-Software ënner Kontroll vun den israeeleschen Autoritéite steet a vum Haaptsätz vum Grupp vun Tel Aviv aus bedriwwen gëtt. Ech kann dat natierlech elo net kontrolléieren, mee den Aussoe vum Grupp no respektéiere se all d'Prozeduren an Israel, déi virgesi sinn, fir esou eng Dual-use-Technolgy ze exportéie-ren.

An et muss een och wëssen, dass dat Ganzt ënnert dem Contrôle vun der DECA, dat heescht der Agence de contrôle des exportations du ministère israélien de la défense stattfënn. Dat ass, wat an der Äntwert drasteet.

Wéi Dir wësst, ass d'Regierung aktiv engagéiert. An dat ass déi Fro, déi, mengen ech, déi wichtigst ass hei derbäi erëm eng Kéier: Wéi brénge mer et fäer-deg, fir d'Principes directeurs vun der UNO iwwer Business a Mëscherechter ëmzesetzen? Dat ass, mengen ech, d'kapital Fro.

Dir wësst d'Virgeschicht, vläicht ganz kuerz: Mir hunn e Koalitionsaccord, do steet kloer dran, dass mer dorunner schaffe mussen: Entreprises et droits de l'homme. Mir hunn déi Etüd vun der Professor Bağlayan vun der Uni Lëtzebuerg a Saache Mën-scherechter a Betriber. Déi ass am Abrëll virgestallt ginn. An den Ausseministère huet jo den Optrag ginn, fir déi Etüd ze maachen. An den 23. Abrëll hu mer dunn och der Expertin d'Wuert ginn, fir dat vir-zustellen.

An et geet hei drëm, dass mer d'Fro kënnen beänt-werten, wéi e Gesetz dee Schutz vun alle Mënsche-rechter an alle Betriber soll virgesinn. Wéi eng Entreprisé solle vum Gesetz betraff sinn? Wéi eng Obligatiounen sollen d'Betriber operluecht kréien? An: Wie kontrolléiert? An dat ass eng kapital Fro, ob d'Betriber sech un d'Oplagen halen.

Bon, et ass gefrot ginn, dass ech lech soen, wou mer dru sinn. Mir hu véier Reunionen elo gemaach. Also déi verschidde Ministären hunn net geschlof. Déi fënnéft ass déi nächst Woch. De Pro-blem, dee mer hunn, an dat musse mer och gesinn, dat ass, dass mer selbstverständlech um Wee sinn, fir et fäerdegzebréngen, wann näischt anescht geet, fir eng national Legislatioun hinzekréien. Wann ech soen, „wann näischt anescht geet“, dann heescht dat, wa mer um europäeschen Niveau net virukommen.

Um europäeschen Niveau ass et esou, dass mer sollte schonn am Summer eng Virlag kréie vun der Kommissioun. Dat ass awer du verreckelt ginn. Déi lescht Informatioun ass - an ech hunn och de Mue-ren nach eng Kéier mam Kommissär Reynders geschwat, deen um Kierchbiere war -, dass virge-sinn ass, ugangs Dezember elo an der Kommis-sioun driwwer ze schwätzen. Mir mussen also do elo ofwaarden, wéi dat sech entwéckelt. Dat schléit een elo net aus engem Steen.

Ech soen dat vläicht nach eng Kéier awer, dass ech richtig verstane ginn: Am effikaste wier et jo, wann eng Legislatioun an der Europäescher Union géif zustane kommen. Dann hätt een dach vill méi Méiglechkeeten, fir och d'Betriber an déi Richtung ze kréien. Ech bleiwen awer derbäi, dass de Wëlle vun eis do ass, fir wann dat sech zitt oder net klappt, dass mer och versichen, alles ze maachen, fir dass mer da kënnen eng Lëtzeburger Legisla-tioun hizréien.

Dir wësst, dass d'Madamm von der Leyen geschwat huet vum Travail forcé, dass dat an Europa net méi géif goen. Mir haten elo eng Campagne fir d'Wal an de Conseil des droits de l'homme. An Dir hutt gesinn, dass eise Punkt - ee wichtige Punkt! - d'Kanneraar-becht ass. Dass mer net toleréieren, dass d'Kanner ënnert deene Konditiounen, wou Milliounen a Milliounen, Honnerte Milliounen Kanner schaffen de Moment, dass dat weider toleréiert gëtt.

Ceci dit, wëll ech lech nach soen, dass een déi Motioun, géife mer mengen als Regierung, eigent-lech net sollt esou unhuelen, wéi se dosteet, mee dass mer géife mam Premier schwätzen, ob een net kéint eppes maachen um Niveau vum SRE, vun der Kontrollkommissioun, déi ass jo derfir do, an dass een do eventuell kéint méi Explikatiounen ginn iwwer wéi hei zu Lëtzebuerg eeben den - wann et dat gëtt, ech weess et net - Trojaner fonctionéiert.

Merci villmools!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Här Ausseminister Jean Asselborn. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo d'Madamm Jus-tizministesch Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.





■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Här President, merci. Jo, ech fannen, et ass jo en elementar wichtige Sujet, wat hei geschitt ass mat där Software a wat dat alles a Fro stellt. Et huet allerdéngs, mengen ech, net, an ech fannen et awer och elementar, dass mer dat ofgrenzen, et huet näischt mat enger legaler Kontroll ze dinn. An duerfir fannen ech déi Vermëschung e bëssen onglécklech.

Ech si wierklech der Meenung, mir sollen net déi legal Moyenen, déi mer hunn, déi mer am Gesetz virgesinn hunn, mat ganz villen Encadrementen, ech kommen nach drop zrëck, an dat selwecht Dëppe geheie wéi dat, wat hei geschitt ass op eng net legal Aart a Weis.

Ech fannen dat geféierlech, well déi Moyenen, déi mer eis ginn hunn am Code de procédure pénale, déi sinn extrem encadréiert. Et gëtt och eng Demande, fir dat auszeiweiten. Där ass bis elo net Rechnung gedroe ginn, well et eeben ...

#### (Interruption)

Jo, mee et ass nun emol esou, dass am Drogenhandel alles iwwer WhatsApp leeft oder iwwer aner esou Moyenen. Elo muss ee sech d'Fro stellen: Okay, wéi gi mer domadder ëm? Déi klassesch Telefonsecoutten, wou een een oflauschtert, also Leit oflauschtert, déi matenee schwätzen, déi hunn net méi vill Bestand, well WhatsApp an all déi aner, ech soen elo déi, mee et gëtt der jo nach lauter, déi si kryptéiert. Dat heescht, iwwer eng traditionell Ecoute kënn een do net wäit.

Duerfir gëtt et jo déi Demande. D'Magistraten haten dat ugeschwat an enger vun deene Chamberskommissionen, dass si eigentlech der Meenung sinn, et misst een dat nach auszeiweiten.

Mee ech komme vläicht ganz kuerz op de Cadre légal, no deem Der jo nach eng kéier gefrot hutt, oder wou ech lech da soen, wat de Kader ass. Dat sinn d'Artikelen 88-1 bis 88-4 vum Code de procédure pénale. An do sinn dräi „moyens techniques de surveillance et de contrôle de toutes les formes de communication“ virgesinn.

Dat ass éischtens „la surveillance et le contrôle des télécommunications ainsi que de la correspondance postale“, déi klassesch Ecoutten; „la sonorisation et la fixation d'images de certains lieux ou véhicules“, déi klassesch Wanzen; an dann eeben dat, wat Dir elo hei thematiséiert, „la captation de données informatiques“.

Fir op déi zrëckzekommen, do gëtt et e strenge Kader. Éischtens emol: Wie kann dat ordonéieren? Dat ass nëmmen den Untersuchungsrichter. Den Dossier muss sech nach an der Instruktioun befannen. Dat heescht: Wann eng Decisioun komm ass, da ka keng esou Mesure méi geholl ginn. An da muss den Untersuchungsrichter se och speziell motivéieren. Dat heescht, et geet nëmmen, wa gravéierend Elementer virleien.

An dann, an dat ass am Fong dat Wichtigst, ech hunn am Ufank gesot, bei wéi engen Infarktioneen d'Demande virläit, fir et auszeweiten. Stand haut geet et an zwee Cas-de-figuren: Dat eent ass den Terrorismus an dat aner sinn d'„Crimes sûreté contre l'État“. Dat sinn zwee ganz, ganz delimitéiert Cas-de-figuren, déi glécklecherweis och zu Lëtzebuerg guer net oft virkommen.

Soudass - Dir hutt et richtig gesot, ech kann lech keng konkret Zuel nennen, mee ech kann lech versécheren - déi Zuel extreem, extreem niddreg ass, wéi oft dass dat dote scho benotzt gouf. Voilà!

Dann hutt Der nach gefrot: Wat geschitt mat deenen Donnéeën, déi näischt mat där Affär ze dinn hunn? Dat ass dat selwecht wéi bei de klasseschen Telefonsecoutten. Och do gëtt et e Cadre légal. Dat heescht, Dir kënnt just déi Saache benotze fir de Prozess, déi wierklech eppes mam Prozess ze dinn hunn. An déi aner ginn net transkribéiert a ginn natierlech och zerstéiert.

An do spillen déi klassesch Elementer vun der Protection des données. Do hutt Der d'Direktiv RGPD, Dir hutt zwee Voleten, déi transposéiert sinn. Dat eent ass de Volet klassesch, deen all Bierger betrëfft, dat aner ass de Volet pénal. An do sinn och nach eng kéier déi verschidde Prinzippien opgezielt, no deenen, natierlech och an deenen heite Fäll, verfuert gëtt.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Justizministesch. Dese Punkt kënnen mer awer net ofschléissen, ouni iwwert d'Motioun ze schwätzen.

Fir d'éischt awer freet den Här Mosar nach d'Wuert.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo. Merci, Här President. Ech soen deenen zwee Ministere Merci fir hir Explikatiounen. Ech hat awer och a menger Interventioun en net onwichtige Volet opgeworf, wou ech guer keng Äntwert kritt hunn. Dat ass dee vun deem nationale Plang Cybersecurity, wou et wierklech ëm d'Sécherheet vun eis alleguerten an Äre Kommunikatiounen geet. Ech mengen, do ginn am Ausland am Moment ganz vill Mesurë geholl vun deenen nationale Regierungen. Ech weess och

elo net, et ass warscheinlech net direkt an der Kompetenz vun engem vun lech zwee, mee et betrëfft lech awer och, an ech wär trotzdem awer frou, do eng Äntwert ze kréien.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Mosar. Dann och nach vläicht direkt Parole après ministre fir d'Madamm Oberweis fir d'éischt ...

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Jo, ech ka vläicht eppes dozou soen, och e bësse sur la forme. Am Ufank vun der Sëtzung war eng Diskussioun driwwer, dass d'Ministernen net disponibel wäire fir ze kommen. Mengen Informatiounen no war de Premierminister absolutt disponibel, fir fir déi Debatt hei ze kommen. Du krut e gesot, seng Presenz wär net erfuerdert.

Dofir wär et wierklech sënnvoll, dass mer kéinten déi Diskussioun esou diskutéieren, dass Dir all Är Froe beäntwert kritt, dass de Kader vun deene Froen esou gestallt wär, dass mer och genau wësst, wéi mer eis ze organiséieren hätten, fir lech kënnen eng Äntwert ze ginn op all déi Froen, déi sech kënnen am Kader vun esou enger Debatt stellen. Mee hei, mengen Informatiounen no, hat de Premierminister ganz kloer signaliséiert, dass en disponibel wär fir ze kommen. Mir zwee kënnen leider net op déi Froen äntweren, déi eeben dat Digitalt oder de CTIE oder den SRE an esou weider concernéieren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Tanson. Dann nach Parole après ministre fir d'Madamm Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Jo. Merci och fir all dës Informatiounen. Ech wéilt fir d'éischt nach froen: Also, aus dem Registre de commerce et des sociétés geet jo ervir, dass eng vun de Filialen ugëtt, dass si Revenuen zéien aus der Commercialisatioun vun esou informatesch Produiten. An do wéilt ech nofroen, wat Der do vun Informatiounen hutt an ob Der do iergendwellech ... jo, wësst, ëm wat et do geet. Wéi eng Commercialisatioun wier dat, wéi eng genau Produite si do commercialiséieren? Well eeben do och Revenuen trotzdem dann awer erakomm sinn. Dat wier déi éischt Fro.

An déi zweet: Ob Dir virgesitt, dass mir d'Méiglechkeet kréie respektiv och d'Journalisten d'Méiglechkeet kréien, fir eventuell op Spueresich ze goen an den Handyen zum Beispill, ob do Spueren si vun enger Infiltratioun vun deser Software.

An dann déi drëtt Fro wier ganz konkret och, ob dës Software vu lëtzebuergesche Services, dat hunn ech virdu kuerz ugeschwat, benotzt gëtt u sech.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech ginn d'Wuert un d'Regierung. Dat ass d'selwecht wéi virdu.

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Ech kann, wéi gesot, just op dat äntweren, wat a mäi Kompetenzberäich fält. Et ass elo hei keng vun deene Froen, déi a mäi Kompetenzberäich falen. Dofir dinn ech mech wierklech e bësse schwéier, fir elo hei eng Äntwert ze improviséieren, well ech wëll och keng falsch Informatiounen dozou ginn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci fir déi Prezisioun. Den Här Yves Cruchten.

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Merci, Här President. Ech kéint der Madamm Tanson soen, dass wa se déi Fro do nach eng kéier géif gestallt kréien, da kéint se drop äntweren, dass ee säin Telefon selwer ka kontrolléieren. Zum Beispill huet Amnesty International selwer op hirem Internetsite een Toolkit, wou een einfach selwer säin Handy ka kontrolléieren, jiddwereen. An dat ass och an alle gängige sougenannte Anti-Spyware-Software am Moment enthalten. Dofir sollte mer eis net allze vill Gedanken doriwwer maachen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Cruchten. Ech mengen, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

#### Motion 1

Mir kënnen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun kommen. Wëllt nach een d'Wuert ergräifen zur Motioun? Den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Also fir d'éischt emol zur Diskussioun mam Premier. Effektiv, ech war selwer an der Conférence des Présidents, wéi dat diskutéiert ginn ass. An ech hat den Här Marc Hansen du gefrot, ob de Premier mir da kéint äntweren, wann ech déi Froen zum SREL géif stellen. An du krut ech gesot: „Neel!“

Duerfir mécht et dann och weíne Sënn, dass mer an deenen zéng Minutten op déi Froe vum SREL aginn. Wann d'CSV gär déi Froen hätt, kënnen mer se jo eng kéier an eng Question élargie oder esou beäntweren.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Dat kënnen mer gär maachen, Här Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Mee fir eis Piraten war et emol wichtig, mat der Justiz- a mam Ausse-

minister doriwwer ze schwätzen, extra fir den Export an och eng kéier fir d'Justiz. Well mir gesinn eeben net, dass do eng kloer Trennung ass. Wann nämlech eis Justiz ... An Dir hutt et selwer gesot: „Et ass erlaabt.“ Wéi eng Produiten een dann do iwwerhaupt ka benotzen. An dat ass jo dat, firwat mer iwwerhaupt eng Motioun gestallt hunn. Also, wa mer se herno an de SREL verweisen, dann dréie mer eis am Krees.

Hei war eigentlech d'Iddi, fir an enger Justizkommission eng kéier am Huis clos - wuel verstan! - ze kucken, mat wem iwwerhaupt Lëtzebuerg Geschäfte mécht, fir esou Softwaren oder fir eppes ze cracken oder esou eppes, fir einfach den Deputéierten emol eng Informatioun ze ginn, fir dass sech vläicht och erausstellt, dass mer komplett falschleien, dass einfach näischt opgemaach gëtt, näischt gekuckt gëtt, dass ee guer keng IT huet fir esou eppes. Da wär d'Sëtzung jo schnell fäerdeg. Da kéint een dat jo och haut unhuelen.

Mee mir hätten einfach gär an enger Huis clos, dass mer eng kéier informéiert ginn, wat eis Justiz vun esou Programmer mécht. A wann Der eis och nach net genau sot, wéi se funktionéieren, da kënnen mer ganz gutt domadder liewen. Et geet einfach dorëm: Huet Lëtzebuerg Geschäfte gemaach, zum Beispill mat NSO? Mat wéi enge Softwaren - et gëtt jo nach e puer esou Trojaner - huet Lëtzebuerg ...?

An dat war eis Iddi, fir déi Motioun ze stellen, fir dass all Deputéierten an enger Transparenz, eng kéier an enger Huis clos, doriwwer informéiert gëtt, an net e puer, déi Glécklech, déi an enger SREL-Kommission kënnen setzen a souwisou herno emol net hire Fraktiounen dierfe soen, wat do gesot ginn ass.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Madamm Tanson.

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Jo. Hei, et gëtt wierklech ... D'Saache gi wierklech matenee vermëscht! Well dat eent ass de Cadre légal. An dee seet ganz kloer, wat ka gekuckt ginn. Dat steet am Code de procédure pénale! Mir haten déi Diskussioun schonn x-mol. Déi Codé sinn och do, fir dass ee se ka kucken, dass ee sech eeben och genau informéiere kann iwwert de Kader.

An dee Kader determinéiert, wat ka gekuckt ginn - net d'Software! Et gëtt eng Prozedur, déi genau seet, wie ka schwätzen a wéi enge Cas-de-figuren. Ech hunn lech dat elo genannt. Wann Der e bëssen iwwerleet, wéi eng Cas-de-figuren do a Fro kommen, wéi eng Fäll dat iwwerhaupt kënnen gewiescht sinn, da sidd Der ganz séier op der Zuel, vun där mer hei kënnen schwätzen. Dat heescht, et ass net d'Software en tant que telle, déi dat determinéiert. Et ass de Fait fir ze wëssen: Wat ass erlaabt?

Dat steet an deem Buch, wou all déi Reegelen drastinn. Dat gëtt net iwwer e Kontrakt mat der Firma determinéiert. An da kënn jo nach derbäi, dass et sécherheetsrelevant Froe sinn an dass et awer extreem komplizéiert ass, do genau Detailer ze ginn iwwer, wéi dat dote mam SRE a mat der Justice gemaach gëtt. Mee wat de Kader vun der Justice ubelaangt, dee steet am Code! Do gëtt et net méi driwwer ze soe wéi dat, wat do drasteet.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Tanson. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo. Merci, Här President. Ech muss awer soen, datt ech e bëssen erstaunt sinn iwwer elo dann ... Mir kréie Vermëschung hei virgeworf zwëschen dem SRE an der Justiz.

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Nee!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- An dee ganzen Exercise hei ass u sech ze probéieren, dat kloer ze trennen. Et geet hei drëm, wéi eng Outilen d'Justiz huet.

An ech weess, ech war jo selwer schonn eng kéier inculpéiert mat engem Prozess, wou et ëm Date gaangen ass. Dat heescht, wann ee weess, datt d'Police Saache mécht an datt ...

#### (Interruption)

Et war d'Affär MedicoLeak, falls ee sech net drun erënnert. Dat ass schonn eng Zäitche hier. Ech hunn herno nach eng Fro iwwert de Medico iwwergens un de Sportminister.

Ech muss einfach soen: Mir wëssen, datt et Outile gëtt. Mir wëssen, datt d'Police eppes mécht. D'Police muss jo och hir Aarbecht maachen! D'Police - an dat huet d'Madamm Ministesch richtig gesot - muss sech un de Code pénal oder un de Code d'Instruction criminelle an un de Code de procédure pénale halen. Ech mengen, se hu kloer Richtlinnen.

D'Fro ass net: Wat sinn d'Richtlinnen? Déi hu mer dofir an derwidder diskutéiert. D'Fro ass: Wéi setzt d'Police respektiv aner Instanzen - an net den SRE, mir hunn explizitt den SRE haut hei ausgeklamert - déi ëm? Mat wéi engen Outilen? Mat wéi enge Pres-tatairen? A wat kafe se?

Well et däréi een net vergiessen: Déi heite Logiciel-len ... NSO verkeeft sech jo, wa se international higninn, net als Firma: „Iwwerwaacht mat eis Journalisten! - Iwwerwaacht mat eis Amnesty!“ Déi ginn hin a verkafe schéin Héichglanzbroschüren, wou dropsteet: „Setzt domadder Är Krimineller ënner Drock! - Maacht Iwwerwaachung! - Exekutéiert u sech Är Enquêtes!“

Dat ass dat, mat deem si Werbung maachen. An herno gëtt et da vu Staate fir eppes anescht benotzt. A wa mir als Lëtzebuurger Staat bei esou kriminelle Firmen, déi et erméiglechen, Journalisten ze iwwerwaachen, akafen, da sollt een doriwwer en Debat féieren! An da sollt ee wëssen, wem mir Sue ginn!

Wann dat NSO ass, dann ass dat NSO. Da sollte mer doriwwer en Debat féieren. Wann dat aner sinn, sollte mer doriwwer en Debat féieren. A wann dat duerch Zoufall nëmme „befrëndet Déngschter“ - ech setzen dat bewosst ënner Anführungszeichen - am Ausland sinn, mat deene mer zesummeschaffen, ma dann ass dat eng Diskussioun, déi mer kënnen hunn. Mee mir sollten eis net zefriddeginn domadder, just doriwwer ze schwätzen, datt mer dat gesetzlech encadréiert hunn. Et geet och drëm, wie mir mat eisem Gesetz hei quersubventionéieren!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement. Ech ginn d'Wuert direkt zrëck un d'Madamm Justizministesch.

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Jo. Mee et ass genau dat do de Punkt! Well Dir vermëscht hei elo wierklech Äppel mat Bieren. Dir schwätzt vun Ärem Cas, wou et ëm Medico gaangen ass. Ech hunn lech gesot, a wéi enge Cas-de-figure mer hei vun deene Captatiounen schwätzen.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Et geet net ëm d'Captatiounen!

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Jo, mee dach! Majo et gëtt awer just dräi Cas-de-figuren! Dat ass entweeder eng Telefonsecoute mache mat deene klassesche Moyenen. Déi gëtt et scho säit „Derrick“.

#### (Hilarité)

Oder Wanzen enzwousch installéieren. Déi gëtt et nach méi laang. Oder wierklech en intrusive Moyer ze benotzen.

An deen intrusive Moyer, dee gëtt et an zwee Cas-de-figuren: An dat ass den Terrorismus an d'Sécurité vum Staat. Souwäit ech weess, huet de Medico weeder mat deem engen nach mat deem aneren eppes ze dinn!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- An awer hu se probéiert, mäi Passwuert ze knacken.

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- An ech hoffe jo Dir och net.

#### (Hilarité)

Duerfir géif ech lech effektiv wierklech bieten, déi Saachen net mateneen ze vermëschen.

Quant à la Vermëschung SRE-Justiz: Ech hu just gesot, ech wär ganz frou, wann et ganz kloer wär, firwat mir heihinner géife geruff ginn, dass och déi richtig Ministeren hei wären, fir lech kënnen eng uerdentlech Äntwert op eng Fro ze ginn. Dat war meng Demande. Net eng Saach vu Vermëschung vun deem engen a vun deem aneren. Ech wëll gär wëssen, firwat ech heihinner kommen. An ech wëll gär wëssen, ob ech lech kann Äntwerte gi respektiv ob vläicht aner Kollege sollten dobäi sinn, déi lech kënnen besser Äntwerte ginn.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Ministesch. An dann zur Motioun hat nach den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Här President, ech soen lech villmools Merci. Ech mengen, mir müssen hei kloer ënnerscheiden zwëschen den Informatiounen iwwert de rechtliche Kader an den operationellen Detailer.

D'Informatiounen iwwert de rechtliche Kader, déi si kloer. D'Madamm Minister huet se och elo nach eng kéier rappelléiert. Ech mengen, do ass net vill derbäi ze soen. Dat ass esou. An ech mengen, do kënnen mer eis da politesch domat ausenanersetzen. Mee déi Situatioun ass kloer.

Dat aner ass déi Saach vun den operationellen Detailer. Dat gehéiert an d'Geheimdéngschtkontrollkommission. Well déi zwee Cas de figures, déi hei a Fro kommen, déi hu mat der Sécherheet vum Staat ze dinn. Do gëtt et eng parlamentaresch Kontroll. Mir sinn och fir déi parlamentaresch Kontroll, well et eeben hei ganz intrusiv Methode sinn. Dat muss enger Kontroll ënnerleien. Dofir gëtt et e Gremium. Dee mécht seng Aarbecht. An dat gehéiert dohinner. An do kënnen dann déi Membere sech hir Meenung driwwer maachen a gegebenefallen dann och Konklusiounen zéien. Mee mir brauchen elo weider do keng Aktivitéite vun eiser Säit, well mir der Mee-nung sinn, datt dat dote sécher ofgeséichert ass. An dofir ass dat heiten eng Motioun, déi mir elo net kënnen matdroen.

Ech soen lech Merci.





■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. An dann hat den Här Mosar nach d'Wuert gefrot.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo. Merci, Här President. Et kënt net esou oft vir, mee et kënt awer heiansdo vir, datt ech emol ganz averstane si mat der Madamm Justizministesch, ...

(*Hilarité*)

... well een effektiv hei muss en Ënnerscheed maa-chen. An ech hunn och e bëssen d'Gefill, datt d'Kol-leege vun de Piraten do awer Saachen e bëssen duerjerneegeheien. Déi Motioun, sou wéi se hei vir-läit a wéi d'Madamm Tanson och elo drop geänt-wert huet, kënn mir net stëmmen.

Ech reiteréieren awer och nach eng Kéier meng Demande, datt et wierklech wichteg wier, datt mer eng Kéier eng Entrevue ... oder an enger Kommis-sionssitzung eis eng Kéier géife mam Staatsmi-nister ënnerhalen, wéi generell d'Kommunikatiouns-politik ass, wéi et och generell mat der Cyber-security ass. Dat si weesentlech a wichteg Froen, wou d'Chamber muss matagebonne ginn. An duerfir géif ech wierklech proposéieren, datt mer déi zwou Saache solle strikt vuneneen trennen an datt mer solle kucken, sou schnell wéi méiglech déi Entrevue mam Här Staatsminister ze kréien.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Mosar. An ech mengen, mir kënnen elo zum Vott iwwert d'Motioun kommen.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss. An dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmmen a 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Adehm) et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

## 5. Heure de questions au Gouvernement

Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. Laut Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro ze stellen, an der Regierung sti véier Minutten zou, fir dorobber ze äntwerten.

An als éischt Fro hu mer d'Fro Nummer 245 vum Här Marc Spautz un den Här Minister fir Mët-telstand iwwert den Impakt vun der Penurie u Bauma-terialien a Bauaarbechter. Här Marc Spautz, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 245 du 19 octobre 2021 de M. Marc Spautz relative à l'impact et les effets de la pénurie de matériaux et de main d'œuvre dans le domaine de la construction, adressée à M. le Ministre des Classes moyennes**

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi Fro hei reit sech an eng Debatt an, déi mer schonn am Cercle gefouert hunn, wou ech d'Chance hat, d'Geleeën-heet hat, zesumme mat lech alleguerten eng Heure d'actualité mam Minister Franz Fayot ze féieren. Se reit sech och an an eng Question parlementaire, déi mäi Kolleeg, de Marc Lies, un den Här Kox gestallt hat. A se ka sech och areien an eng Diskussioun, déi mer net méi spéit wéi d'lescht Woch gefouert hu beim État de la nation, wou mer geschwat hunn, dass mer méi Leit brauchen, déi déi néideg Quali-fi-katiounen hunn um Aarbechtsmaart, well mer net méi genuch Leit hunn, net méi déi Main-d'œuvre hunn, déi mer brauchen.

Firwat kommen ech drop, déi Fro un de Minister vun de Classes moyennes ze stellen? Et ass am Fong de Minister, deen och de Lien mécht mat der Chambre des Métiers. An déi Chifferen, mat deenen ech elo kommen, déi komme souwuel vun der

Chambre des Métiers wéi och der ULC. An do geet et ëm Materialpräisser an do geet et ëm d'Ent-wécklungen am Bau.

2020 sinn sinn d'Präisser fir d'Haiser ëm 14,5 % geklommen, 2021 9 %, an d'Previsioun si fir 2022 5 %. Dat wier eng Erhéijung vun 28,5 % iwwer dräi Joer gekuckt.

Mir wëssen, dass d'Material nach méi deier ginn ass. An déi éischt Leit, déi amgaange sinn ze bauen, nodeem se scho viru sechs Méint eng Kéier e Bréif kritt haten, dass d'Promoteure géifen d'Hy-gièneskäschten, déi se hu mussen uleréi wéinst de Covidmesuren, un hir Clienten iwwerdreen, fänkt et och elo un, dass d'Materialpräisser plazeweis alt Erhéijungen hu bis zu 100 %. An ech zitéiere gëschter eng Zeitung, nämlech den „L'essentiel“, wou en Architekt gesot huet, dass hien an Tëschen-zäit zu all Mënsch géif soen, et géif 15 % méi deier gi wéi dat, wat hie virausgesot hat, an dat opgrond vun der Entwécklung vun de Präisser, déi et am Bau an am Ausbau géif ginn.

Meng Fro ass, wat d'Regierung gedenkt, an deem Volet do ze ënnerhuelen. Mir wëssen, wat d'Aussoe ware vum Logementsminister, wat alles geplangt wier. Mir wëssen, dass d'Madamm Bofferding iwwert d'Grundsteuer nodenkt. Mir wëssen, dass den Här Fayot seet, mir missten d'Konkurrenz spille loossen. Mee et géif eis interesséieren, wat de Mët-telstandminister plangt, wéi mer do kënnen der-géint virgoen, wat mer do kënnen maachen. Well dat ass jo, wat ech elo hei zitéieren, de Privatsektor. Mee dat dréit sech jo och eriwier op den öffent-leche Sektor. Wat kënn mer maachen, fir déi Präispolitik ze bremsen? Wat ass machbar? A wat ass op europäeschem Niveau? Wat huet hien zesumme mat senge Kolleegen, déi dofir zoustän-neg sinn, do vun Initiative geholl?

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Spautz. Den Här Mëtzelstandminister Lex Delles huet d'Wuert.

■ **M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes.**- Merci villmools, Här President. Loosst mech fir un-zefänken, dem Här Spautz Merci soe fir déi Fro. Et ass natierlech e Problem, dee mer ganz enk sui-véieren.

An der Fro, wéi ech se matgedeelt krut, geet et am Fong ëm zwou Saachen. Dat ass op där enger Säit de Manque de main-d'œuvre an op där anerer Säit de Manktum u Baumaterialien. Et muss een awer trennen tëschent dem Manktum u Baumaterialien an der Hausse vu Präisser, déi dat Ganz mat sech bréngt. Dat heescht, et sinn zwee ënnerschiddlech Phenomeener, déi ganz enk matenee vernetzt sinn an déi ganz enk Lienen hunn. Mee wa mer nach virun e puer Méint ... An ech war selwer och bei där Debatt dobäi, déi den Här Spautz hei ugeschwat huet am Cercle, wou et drëm gaangen ass, dass mer net wëssen, ob mer iwwerhaupt nach ver-schidde Materialie kréien. Well de Manktum u ver-schiddene Baumaterialien zitt sech wéi e roud Fuedem duerch déi ganz Baubranche. Dat ass vun Isolationsmaterialien, Glas bis zu Holz an anere Saachen, Chippen, also ech mengen, jiddweree weess hei, vu wat mer schwätzen. Dat heescht, do ass eng ganz Panoplie vu verschiddene Materialien, déi feelen.

Et gesäit een awer an deene leschte Méint, dass mer vun engem Manktum ewechkommen an éischer zu enger Präishausse kommen. Dat heescht, mir gesi licht, ganz licht Verbesserung vum Manktum vu verschiddene Baumaterialien, mee déi awer mat sech bréngen, dass d'Präisser explodéieren. Dat heescht: Wann een deemools eng Putter net kritt huet, well se einfach net méi um Marché war, kritt ee se haut, mee et muss ee vill méi héich Präisser dofir bezuelen, wéi dat virdu war.

Do ass jo och eng Analys gemaach gi vum Conseil de la concurrence, déi gewisen huet, dass et en inter-nationale Phenomeen ass. Dat huet ganz vill Ursaachen. Dat ass natierlech op där enger Säit duerch de Covid, dass verschidde Betriber zougemaach hunn an net erëm esou séier ugefaangen hu mat pro-duzéieren, wat besonnesch beim Holz e ganz grouse Problem ass. Well wann een do vun deem éischte Bam schneide bis zum fäerdege Produit ass, ass dat eng Durée, déi relativ laang ass, fir och dann erëm do erauszekommen. Trotzdeem gesäit een awer, dass mer, besonnesch wat d'Holz ugeet, licht Verbesserungen hunn, déi natierlech awer trotzdeem nach ëm heije Präis mat sech bréngen.

Et muss ee soen, dass et och, well d'Fro gestallt ginn ass, alles wat d'Marché-publicken ugeet, do huet de Baute-minister direkt mam Sektour fest-gehalen, dass et keng Pénalité-de-retarde gëtt an den öffentlichen Bauten. Dat heescht: Wa Retarden doduerch entstinn, kréien déi natierlech keng Péna-lité-de-retard. An et ass en Avancé-System vum Ministère do en place gesat ginn nom däitsche Modell, fir indexéiert Avancé kënnen elo schonn un d'Betriber ausbezuelen. Dat emol direkt, fir an der Situatioun ze kucken.

Dann dat zweet Thema, wat Der ugeschwat hutt, dat ass de Problem vum Manque de main-d'œuvre, dee sech nach eng Kéier accentuéiert huet während dëser Kris, mee déi lescht Jore schonn iwwer e Manktum u qualifiziertem Personal a verschiddene Branchen sech duerchgezunn huet. Dofir hu mer iwwert de Summer scho mam Haut comité pour le soutien des PME gekuckt, wéi mer mat de Secteuren do kucken. Et ass e Problem, deen net nëmmen an der Baubranche ass. En ass a ganz ville Branchen. Besonnesch am Moment ass en am Horeca-Sektour nach vill méi staark, well et do während dem Covid verschidde Leit gouf, déi an aner Sektour schaffe gaange sinn an déi elo reellement um Marché feelen. Et geet esou wäit, dass verschidde Betriber net méi all déi Deeg, déi se wollten opmaachen, elo nach kënnen opmaachen, well se net méi genuch Personal an net genuch qualifizéiert Personal op där anerer Säit hunn. Dat heescht: Et ass e Problem, dee mer am Mëtzelstand hunn an dee mer am Moment amgaange sinn natierlech am Haut comité mat deene concernéierte Secteuren ze kucken. Do gëtt et eng Panoplie vu Weeër, iwwert déi mer mussen am Kader vum Haut comité PME schwätzen.

Dir hutt gesot, d'Augmentatioun, gëschter an engem Artikel an der Zeitung ... Ech muss mech entschël-le-gen, ech hunn den Artikel net gesinn an där Dageszeitung. Mee et ass esou, dass et natierlech Kontrakter op där enger Säit gëtt, déi elo scho bestinn, an op där anerer Säit fir zukünfteg Soumis-siounen oder zukünfteg Kontrakter, déi dann eréischt wäerte gemaach ginn, wäerte kënnen entstoën, wou dann d'Präisser natierlech kéinten do ugepasst ginn.

Op där anerer Säit hutt Der awer gesot, d'Augmen-tatioun, an Dir sidd mat där Etüd komm, déi vum LISER, mengen ech, war se, déi vum LISER komm ass. Ech mengen awer trotzdeem, hei soen ze kë-nen, dass eng Augmentatioun vun engem Haus oder vun engem Appartement, déi 28 %, déi Der iwwert déi Jore gesot hutt, net kann dovun ausge-maach ginn, dass dat nëmmen dorunner läit, well d'Holz méi deier ginn ass oder well et e Manque de main-d'œuvre gëtt. Ech mengen, dass do eng Pano-plie vu Saache matschaffen.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Mëtzelstandminister Lex Delles.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 246 vum Här André Bauler un d'Kulturministesch iwwert d'Bäihël-lef fir d'Acteuren am Kulturberäich während der Covid-19-Pandemie. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 246 du 19 octobre 2021 de M. André Bauler relative à l'évolution des aides octroyées aux acteurs du secteur culturel pendant la pandémie, adressée à Mme la Ministre de la Culture**

■ **M. André Bauler (DP).**- Merci, Här President. Während dem leschte Joer an och während dësem Joer sinn d'Acteuren aus dem Kultursektor vum Staat finanziell ënnerstëtzt ginn, fir sou gutt wéi méiglech duerch d'Pandemie ze kommen.

An an deem Zesummenhang wollt ech der Madamm Kulturminister dräi Froe stellen:

Kann d'Madamm Minister eis vläicht hei op dëser Tribün e kuerzen Tëschebilan vun deenen octroyéier-ten Aidë maachen?

Zweetens, wat fir eng Acteuren, besonnesch Artis-ten an Intermittents du spectacle, hu mussen am meeschten ënnert d'Ärm gegräff kréien? Wat fir eng Acteure waren also am stärkste betraff?

An drëttens, wéi laang wäerten nach mussen Aiden ausbezuelt ginn? Bezéiungsweis: Wéini kann een definitiven Dekont oder Bilan vun dësen Aiden, déi octroyéiert goufen, fréistens gezu ginn?

Merci, Madamm Minister. Merci lech.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Bauler. D'Madamm Kulturministesch Sam Tanson.

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture.**- Jo. Merci, Här Bauler, fir déi Fro.

Ech erlabe mer, lech eng Kéier op eise Rapport d'ac-tivité ze verweise vum leschte Joer, well mer ganz vill dru geschaff hunn, fir dat och esou digeste a frëndlech wéi méiglech ze maachen. Do fannt Der wierklech dee ganzen Detail dovunner. Mir hate jo dee Plan de relance, dee mer gemaach haten, wou ee gutt gesäit, wat proposéiert war, wat bezuelt ginn ass.

Et war jo en Hëllefprogramm vun insgesamt 5 Milliounen Euro, wou zwielef verschidde Mesuré virgesi waren. An et sinn iwwer 220 Beneficiairen, déi dovunner profitéiert hunn.

Bon, ech erspueren lech elo den Detail vläicht, dat geet relativ wäit, wéi vill ..., also wat do alles war. Dat fannt Der nach eng Kéier erëm eeben an eisem Plang.

Dann hu mer jo d'Aide-sociale gehat. Do hate mer zënter dem Ufank vun der Pandemie natierlech den Accent drop gesat, fir grad déi Vulnerabelst ze ënnerstëtzen. Dat sinn natierlech d'Artisten an d'In-termittenten. Duerfir hate mer jo d'Gesetz modifi-zéiert, fir méi einfach kënnen ausbezuelen an och

méi héich Montante kënnen ausbezuelen. An do hu mer e Gesamtmontant vun 1,4 Milliounen un zousätzlechen Aiden ausbezuelt an där ganzen Dauer, wou déi méi fräi Krittären en place waren.

Dann hu mer natierlech während där ganzen Kris och eis Subsiden. Eisen normale Subsidendispositif vum Kulturministère war aktiv bliwwen. An de Méint, wou d'Kris besonnesch akut war, gouf natier-lech och den Accent op déi Projete gesat vun deene Leit, déi vun der Kris betraff waren. An de Kulturmi-nistère huet och keng Subsiden zrëckgefrot vu Pro-jeten, déi hu missen annulléiert gi wéinst der Kris. Vill si reportéiert ginn. An do ass op alle Fall näischt zrëckgefrot ginn. Mir hunn och eng Relance gemaach fir d'Aide fir d'Cafés culturels an d'Salles de spectacle. Dat war en Appel à projets, dee mer gemaach haten, fir 50.000 Euro. Deen hu mer dëst Joer fir d'éischt gemaach. An och d'nächst Joer hu mer do eng Enveloppe vu 40.000 Euro virgesinn.

Dann, fir d'Resilienz an d'Kreativitéit vum Kultursec-teur ze éieren, huet de Kulturministère Enn 2020 de Prix de l'innovation artistique Covid verdeelt. Do waren dräi verschidde Präisser vergi ginn un Artist, un Associatioun an Theater.

Dann hate mer natierlech och net finanziell Mooss-namen, well déi och wichteg waren, fir den Dialog oprechtzeerhalen. Mir haten e permanenten Echange mam Kultursektor iwwert déi sanitär Recomman-datiounen. Mir haten d'Assisen 2020, déi grouss Assi-sen a mir hunn och sektoriell Assisen. Déi nächst sinn elo déi vun der classescher Musek, d'nächst Woch oder esou.

An dann, jo, bon, natierlech war dee ganze Sektour betraff. Mëttlerweil kann een awer soen, dass d'Perspektiven erëm gutt sinn. Doduerch och, dass mer an de Gesetzer jo vill Méiglechkeeten hunn elo, fir d'Leit ze empfänken. Ob mam CovidCheck a mat dem Protocole sanitaire vun der Santé, leeft dat wierklech erëm ganz gutt. A mir sinn awer wierk-lech e Schrott zrëck an d'Normalitéit.

An da fir de Budget vum nächste Joer, mee do komme mer an enger Kulturkommissioun nach eng Kéier am Detail drop zrëck, do hu mer jo eng Steige-rung vu 4,6 %, just fir de konventionéierte Sektour. Dat heescht, do wou mer scho méi laang Konven-tiounen mat den Acteuren hunn oder och rezent Konventiounen, nei Konventiounen. Mir sinn am-gaangen, um Artisten- an Intermittentsgesetz ze schaffen, fir dat ze iwwerschaffen. Kultur:LX ass am-gaangen, opgebaut ze ginn. An och d'Bourse ginn am Artisten- an am Intermittentsgesetz iwwer-schafft, fir méi flexibel ze sinn. Voilà. A fir den Detail vun deem, wat ausbezuelt gouf, zéckt net, op eise ganz flotte Rapport d'activité vum leschte Joer ku-cken ze goen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Kulturministesch.

Mir kommen dann zur Fro Nummer 247 vun der Madamm Nathalie Oberweis un de Minister fir sozial Sécherheet iwwert de Remboursement vun de Psy-chotherapieskäschten. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 247 du 18 octobre 2021 de Mme Nathalie Oberweis relative au remboursement de la psychothérapie, adressée à Mme la Ministre de la Santé et à M. le Ministre de la Sécurité sociale**

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Merci, Här President. Jo, et ass en Thema, wat an deene leschte Méint a Joren eigentlech ëmmer erëm méi elo an de Vierdergrond kënn, dat vun der mentaler Gesondheet, wat, wéi mer wëssen, awer nach rela-tiv tabuséiert ass an, ech mengen, wann ech mech net ieren, 2 %, also wäit, wäit 2 % vun de Gesondheetskäschten ausmécht, wat eigentlech vill ze mann finanzéiert gëtt.

Also internationale Studien no kritt all véierte vun eis, weltwäit, eng mental, psychesch Krankheet, also erkrankt un esou enger Krankheet. Et ass virun allem bei deene Jonken immens schlëmm. Mir hunn et elo rezent gesinn un deenen Zuelen, déi d'Unicef publizéiert huet. Ech ernimme se nach eng Kéier, well se wierklech immens schockant sinn. 28 % vun deene Jonke soen, dass se schonn eng Kéier traureg waren. 15,2 % hunn un e Suicide geduecht. A 7,7 % vun hinnen hätten eng Tentative de suicide gemaach. Ech weess net, wéi et lech gaangen ass, wéi Der déi Zuele gesinn hutt, mee mech hunn déi zudéifst schockéiert. Ech mengen, dat ass eng absolut dramatesch Situatioun. 7,7 %, déi eng Tentative de suicide gemaach hunn! Dat wier an all Klass jo ee Schüler quasi oder méi. Dat ass fir mech eng Urgencësituatioun. An ech free mech, ob d'Regierung dat net kéint zur Chefsaach esou erklären.

Well mir wëssen, wa mer net op déi Problemer do aginn, da ginn déi chronesch an déi verschlëmmere sech.

Et ass awer esou, dass haut nach ëmmer d'Psycho-therapie net rembourséiert gëtt. D'Psychotherapie kann ..., preventiivt Handele ka maachen, dass déi Problemer do net chronesch ginn an net ..., sech





eben net chronifizéieren. An deem Ament wier et dann och eng manner deier Geschicht, wéi verschidde Studien och beleëen.

Am Moment ass et eeben eng Demande vun de Psychotherapeuten, souwuel vun hirer Sait, mee och vun de Patiente selwer, déi derno froen, fir dee Remboursement endlech ze erlaben, fir dass dat och méi accessibel an och méi gerecht gëtt, well ganz vill Leit haut trotzdeem exclus si vun där Offer.

Dofir meng Froen un d'Regierung: Wou si mer dru mat den Negociatiounen no sechs Joer, wou de Beruff vun de Psychotherapeuten unerkannt ass? Mir wëssen, dass et ganz vill Echecke gouf op deem Wee. Wéi eng Demarché stinn als nächst un? Wou happert et? Wou ass de Blocage? Fir wéini ass de Remboursement virgesinn? Gëtt et en Delai? A finalement och, vu dass et eng absolut Urgence ass, an där mer sinn, a vu dass d'Negociatiounen anscheinend net virukommen: Hutt Der iergendwellech Iwwerbréckungsmoosssname virgesinn?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Oberweis. Den Här Minister fir sozial Sécherheet, den Här Romain Schneider, huet d'Wuert.

■ **M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale.**- Merci, Här President. Merci och der Madamm Oberweis fir dës Fro. A virun allem präziséieren ech am Virfeld vun där Fro, dass dat net nëmmen ee Saz war, mee dass se engersäits souwuel den Historique erkläert huet wéi och d'Froe konkret gestallt. Ech appreciëieren dat ganz vill, well da kann een och eigentlech konkret op déi Froen äntwerten, wat hanner esou enger Froestellung ass.

Ech mengen, Dir hutt schonn ernimmt, dass et e groussen Historique ass, op deem ech net nach eng Kéier wëll agoen, vun engersäits der Unerkennung vum Beruff, anerersäits natierlech elo d'Ausschaffe vun ..., bon, duerno natierlech fir d'éischt Grënnung vun enger Federatioun, déi mer gebraucht hunn, fir eng Konventioun kënnen ze entwéckelen zwëschent der Fapsylux elo an der CNS; eng Konventioun, wou Der wësst, dass an deem Moment de Sozialminister sech net kann draméschen. Ech mengen, dass ass eng Negociatioun zwëschent zwee Partner, engersäits d'Gesondheetskeess an op där anerer Sait d'Federatioun, déi representativ ass.

Et ass awer kloer, dass och fir mech eng Necessitéit do ass, dass mer virukommen. A wéi am Mäerz dëst Joer e bëssen dës Negociatiounen, soen ech emol, sou ronderëm déi Konventioun an d'Stocke koumen, hunn ech nach eng Kéier och mat deenen eenzelne Partner geschwat fir ze kucken, dass se sech effektiv och e Rythme accéléré géife ginn, fir virunzekommen an de Konventiounen. An dofir ass och direkt dunne Timing gemaach ginn, e Planning gemaach ginn, wou an der Tëschenzäit véier Reunionen ware zwëschent der Fapsylux an der CNS - den 31. Mäerz, den 29. Juni, de 15. Juli an den 23. September. A selbstverständlech steet d'Regierung nach derzou, dass och virun dëse Remboursement esou schnell wéi méiglech soll kommen. An et sinn och zwou weider Reunionen, an ech hoffen, dass dat ofschléissend Reunionen sinn, virgesinn am November, fir dass d'CNS zesumme mat der Fapsylux kann ofschléissen. An dass duerno dann och d'Demarché gesat sinn, fir engersäits an der Commission de nomenclature respektiv iwwert d'Statute verschidden Dispositiounen direkt ze maachen, dass de Remboursement och ka schnellstméiglech gemaach ginn.

Déi Negociatiounen, déi am Moment festgefuer sinn, sinn eigentlech duerno zrëckgefuer ginn, op engersäits e Basispabeier, an Dir hutt et och zitëiert, vum Mediateur, deen deemools erstallt gi war, deemools, wéi d'Negociatiounen déi éischte Kéier echouéiert waren, a virun allem op fënnf Exigencen, déi d'Fapsylux selwer gemaach huet. Ronderëm déi hunn elo déi véier Reunionen, déi waren, gedréit. An ech mengen, dass déi zwee Partner, dass sinn op jidde Fall meng Informatiounen, sech ganz no komm sinn.

Ech zitëieren nëmmen e puer Voleten: Engersäits, deen éischten ass dee vun der Phase d'expérimentation, wou vill diskutéiert gouf zwëschent de Partner. Deen zweeten ass dee vum Rôle respektiv virun allem der Kooperatioun zwëschent dem Dokter an dem Psychotherapeut, dee ganz kloer muss gekläert ginn. Deen drëtten ass deen, fir effektiv och ze kucken: Wéi kënnen mer am Virfeld ..., fir eng Vertrauensbasis zwëschent Patient a Psychotherapeut opzebauen, brauch een eng Rei Seancen, fir sech kennenzeléieren, fir och zesummen ze kucken: Wat ass eise Wee, fir zesummenzeschaffen? An och hei, mengen ech, ass dee richtige Wee ageschloe ginn, fir och ze kucken, dass mat ze integréieren an déi ganz Seancen, déi kënnen rembourséiert ginn. An derniewent natierlech och méi wäit gekuckt: Wéi kann een effektiv och kucken, wat sinn déi eenzel Pathologien, déi susceptibel si fir de Remboursement? Och dass gouf ugeschwat. An ech mengen, dass a sämtleche Pisten, sämtlechen Exigencen ee sech hei ganz no komm ass. An ech hoffen effektiv och, dass mer kënnen Enn November an deene Reunionen ofschléissen, fir dann déi néideg Schrëtt ze goen,

soudatt een, mengen ech, dorobber kann zilen, dass effektiv am Januar dëse Remboursement ka stattfannen.

Dann, wa mer alleguerten och nach hannendrun zügeg eng Hand upake mat enger Saisine an d'Commission de nomenclature dat och prioritär gesäit, mengen ech, misst een do kënnen relativ schnell virukommen.

Derniewent ass d'CNS amgaang, och eng Tarifikatioun auszeschaffen, déi jo och nach dobäi gehéiert, nodeem een da ganz einfach déi Akten determinéiert huet.

Zum Schluss vläicht, wou Der och Recht hutt, et ass en Thema, dass eis beschäftegt. An de Premierminister huet et zitëiert, dass et och fir d'Regierung eng vun de Prioritéiten ass. An an deem Kader ass virun allem dru geduecht ..., an ech mengen, och dass ass de Volet, dee virun allem d'Santé betrëfft. Ech mengen, d'Fro war gericht un d'Santésministesch an un d'Sécurité sociale. Obwuel dee gréissten Deel Sécurité sociale ass, mee d'Santé gouf beoptraagt effektiv, hei e Plan mental auszeschaffen, fir effektiv och eng ganz Strategie ..., e Plan santé mentale auszeschaffen, fir och do d'urgence verschidde Strategien a verschidde Mesuren direkt kënnen anzeféieren. An do ass d'Santé amgaang, drop ze schaffen. An och dee wäert zäitno presentéiert ginn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Romain Schneider.

A mir kommen dann zur Fro Nummer 248 vum honorabelen Här François Benoy un de Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung iwwert den nationale Strategieplang vun där neier PAC. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 248 du 19 octobre 2021 de M. François Benoy relative au plan stratégique national dans le cadre de la nouvelle PAC, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

■ **M. François Benoy (déi gréng).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, Här Minister, jo, mir wëssen alleguerten, mir hunn e grouss Biodiversitéitsverloscht an hunn och grouss Erausforderungen am Waasserschutz. A virun deem Hannergrond ass et besonnesch wichteg, dass mer ons Agrarpolitik mat den Erausforderunge vum Schutz vun der Natur a vun de Biedem an Aklang bréngen, sou wéi et och am Koalitionsaccord festgehalen ass.

An déi nei GAP, déi gëtt ons d'Geleeënheet, wann och vläicht just zum Deel, dat och ëmzesetzen an och aner Strategien, europäesch Strategien, wéi zum Beispill d'Farm-to-Fork-Strategie oder och de Green New Deal, fir se mat deenen an Aklang ze bréngen. A mir mussen eis Landwirtschaft nohalteg opstellen, souwuel fir eiser Natur wéi och fir eise Baueren eng Zukunft ze ginn.

An der Press liest een, dass d'Kommissioun just analyséiere wëllt, wéi déi national Strategieplang zur Ëmsetzung vun den europäeschen Ëmweltziler bäidroen kënnen. Scho laang gëtt doriwwer diskutéiert, wéi een déi gemeinsam Agrarpolitik mat der Strategie vun der Farm to Fork Strategy an dem Green Deal kann an Aklang bréngen, amplaz se géinteneen auszespillen.

Verschiddenen europäeschen Diplomaten no vertrieden déi meescht europäesch Landwirtschaftsministere bei der Kommissioun d'Meenung, dass se d'Strategieplang net un de Green Deal banne wëllen.

An dofir meng Froen un de Landwirtschaftsminister, déi ech vläicht net am Virus eraginn hunn, mee déi awer ganz kloer a prezis sinn an och net komplizéiert: Wéi war d'Positioun vun der Lëtzeburger Regierung um Conseil an där heiter Fro? Féinnt de Minister net, dass eis Strategieplang fir d'Ëmsetzung vun der gemeinsamer Agrarpolitik och missten un déi grouss Strategie vun der Europäescher Unioun gekoppelt ginn an esou mat der gesamter Politik an Aklang bruecht ginn, dass souwuel fir d'Farm to Fork Strategy wéi och fir de Green New Deal?

An de Ministère huet elo dës Woch och eng ëffentlech Consultatioun fir eisen nationale Strategieplang lancéiert. Wéi fléissen d'Donnéen vun dësen europäesche Strategien an dësen nationale Strategieplang an?

An deem Sënn villmools merci fir d'Nolauschteren a merci fir d'Äntwert elo schonn.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Benoy. De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung, den Här Romain Schneider, huet nach eng Kéier d'Wuert.

■ **M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.**- Merci och dem Här Benoy fir dës Fro. An e weess, wéi voluminéis effektiv dee ganze PSN ass. A mir hu schonn an

der Kommissioun och doriwwer geschwat. Hei ass en iwwregens, dee ganze PSN, dass sinn 396 Säiten, déi jo och de Moment um Site stinn, fir effektiv de Moment eng Consultation publique ze maachen. Dass ass e Prozess, wéi deen entstan ass. Et ass en Dokument, dass evolutiv ass, dass mer an deene leschte Méint zesumme mat eenzelne Partner diskutéiert hunn. Och mat dem Ëmweltministère, och an technesche Gruppen diskutéiert hunn, mat allen Acteuren diskutéiert hunn. Dass souguer an zwou grouss Sitzungen, wou mer all d'Acteuren invitéiert haten, allkéiers och kënnen hir Meenung eranzereechen.

A fir op déi Schlussfro ze äntweren: Wéi geet et weider mat dem PSN? Ech mengen, et ass esou, dass op Basis vun där Consultation publique, déi leeft vum 18. Oktober bis de 16. November, duerno mer och nach akzeptéieren, dass bis Ufank Dezember Avisen dozou kënnen erakommen. Déi ginn natierlech an dës nei Strategie mat integréiert. An dann dee Moment gëtt et e fäerdeg Dokument, dass mer eng Kéier och mussen duerch de Regierungsrot ginn, deen et dann och muss an deem Moment ofseenen. An duerno, selbstverständlech, wäerte mer och eng Kéier, wéi mer dat jo ewell eng Kéier presentéiert hunn, eng Viretapp vum PNS an der zoustänneger Chamberskommissioun debattéieren a virstellen. An duerno wäerte mer et op Bréissel schécken. Alles dat ass ganz sportlech, well mir mussen dat alles gemaach hu bis den 31. Dezember.

D'Fro, déi elo opkoum, mengen ech, ass déi: Wéi ass an deem Kader Farm to Fork a Green Deal vereinbar mat deem neie PSN, mat deem neie Plan stratégique? Ma eppes ass kloer: Ech mengen, Lëtzebuerg steet nach ëmmer zu den Ziler vun der Farm to Fork an och zu dem Green Deal. Ech mengen, mir hunn déi Farm to Fork net gebraucht, fir schonn an eise Koalitionsaccord zwee Hauptpunkten dovunner ze ënnersträichen. Éischstens ass dat dee vun der Wichtigkeet vun der Biolandwirtschaft. An zweetens: Ee vun de Punkte vun der Farm to Fork ass effektiv och dee vun der Reduzéierung vun de Planeschutzmëttel. Hei hu mer den nationalen Aktionsplang, dee wäit geet a verschiddene Beräicher, deen zum Deel souguer méi wäit geet wéi d'Farm to Fork.

Meng Positioun um Agrarrot war déi, dass ech selbstverständlech zu deem stinn, wat mer als Kompromiss am Juni dëst Joer hei zu Lëtzebuerg ofgeschloss hunn als Agrarministere, fir ze soen: Do ass de Pak, mat deem mer effektiv elo d'accord sinn, dass en ofgestëmmt gëtt am Parlament. D'Parlament wäert Enn November doriwwer ofstëmmen. An dann deen éischte Rot vun engem europäesche Conseil, ech mengen den 2. Dezember, wäerten déi Texter definitiv sinn.

Mir hunn awer och deemools beim Accord gesot, an ech hunn dat och nach eng Kéier betount, dass ech och zu deene 17 anere Ministere géif gehéieren. Dass mer, wa mer och d'Ziler vum Green Deal an der Farm-to-Fork-Strategie suivéieren, op jidde Fall op kee Fall kënnen d'accord domat sinn, dass op eng ausgeschafft PAC, déi zesumme vun de Ministere presentéiert gëtt a vum Parlament ofgestëmmt, wat dann eng gesetzlech Basis ergëtt, mer net dorobber kënnen eng Strategie geluecht kréien, ier se eng gesetzlech Basis huet, wéi d'Farm to Fork respektiv wéi de Green Deal, déi nach keng legal Basis hunn. Do lafen d'Demarché säitens der Kommissioun. A wann déi do sinn, selbstverständlich, wäert warscheinlech de Plang och nach eng Kéier adaptéiert ginn. Dass schéngt mer och ganz kloer ze sinn. Wann do d'Ziler nach eng Kéier doriwwer erauskommen, déi nei legal Basisse stellen, da wäerte mer dat och hei maachen.

Mee ech mengen, dass mer grad hei zu Lëtzebuerg gutt opgestallt sinn, dass mer mat allen Acteuren diskutéiert hunn an dass mer och an Zukunft, mengen ech, eng nohalteg Landwirtschaft hei wäerte fäerdegbréngen, wou mer déi dräi Elementer, engersäits déi vum Wirtschaftlechen, déi vum Ökologeschen an déi vum Soziale wäerten erëmfannen.

Et ass eng sportlech Aufgab, fir dat ze realiséieren bis den 31. Dezember. Duerno geet d'Aarbecht vun der Chamber nach eng Kéier richtig un, well duerno mussen mer och en Agrargesetz stëmmen. An och dass mussen mer schnell en place hunn, well och dass muss den 1. Januar 2023 do sinn, fir dann och kënnen eng Kontinuitéit an den Investissementen an an de Mesuré fir d'Landwirtschaft ze maachen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, dem Här Landwirtschaftsminister Romain Schneider.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 249 vum Här Sven Clement un de Sportsminister iwwert den Delai, fir sech fir en Examen médico-sportif anzeschreiwen. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 249 du 18 octobre 2021 de M. Sven Clement relative au délai d'inscription pour un examen médico-sportif, adressée à M. le Ministre des Sports**

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo. Merci, Här President. Merci och dem Sportsminister, dass en haut Zäit huet, fir op déi Fro ze äntworten.

Ech wäert och keng Fro iwwert de Fussball an iwwert d'Interpretatioun vun de Covidgesetzer stellen, och wann dat der Aktualitéit vläicht gescholt gewiescht wär. Mee ech kommen direkt zu de Froen iwwert de Medico.

Wéi mer alleguerte wëssen, gëtt et de Medico zënter Laangem. An et ass esou, dass de Médico-sportif eng gewësse Garantie ass, dass d'Leit, déi Sport maachen, gesond genuch sinn, fir dëse Sport ze maachen.

Grad wann et ëm Kompetitiounssport geet, ass et wichteg, dass mer e gewëssene Suivi maachen. A jiddwereen, deen op engem méi héijen Niveau Sport mécht, soll sech do och suivéieren loosse. An dofir hu mer e Règlement grand-ducal, deen och de Médico-sportif virschreift, fir bei den agréierte Verbänn eng Lizenz kënnen ze kréien.

Elo ass et 2020 schonn eng Kéier esouwäit komm, dass mer de Medico-Delai verlängert hu wéinst dem Covid. De Medico war zou. Mir konnten net anescht. An ech sot dem Minister Kersch deemools Merci an ech soen him och haut Merci, dass mer nach eng Kéier verlängert hunn. Well ech mengen, grad och mat der Aktioun vun de 50-Euro-Bongen ass et esou, dass d'Medicoe mat Demandé vun neie Lizenzen, mee eeben och vun all deene Leit, déi iwwert déi lescht zwee Joer da mëttlerweile opgelaf sinn, e bëssen iwwerfuert sinn a keng fräi Plaze méi ze kréie waren. A ween Ufank Oktober ugeruff huet, krut gesot: „Ma da kommt Der am Mäerz.“ Dass war esou e bëssen de Feedback, deen ech vu verschiddene Sportlerinnen a Sportler krut. Dofir merci nach eng Kéier, dass mer och dës Kéier erëm verlängeren.

Elo stellt sech awer d'Fro - zwou Froen - ganz konkret: Wéi een Impakt huet déi Verlängerung op d'Medicoen dann d'nächst Joer? All déi Leit, déi et dëst Joer net ginn, déi mer deelweis scho vum leschte Joer matschleefen, wäerte jo dann d'nächst Joer erëm opschloen, soudatt ech mengen, dass mer d'Capacitéite vum Medico mindestens fir d'nächst Joer mussen erhéijen.

Do huet de Minister a senger Circulaire, déi en un d'Verbänn geschéckt huet, och schonn eng Pist opgewisen. Nämlech sinn Dokter an hire liberale Praxissen dës Kéier opgefouert, bei deenen een de Medico ka passéieren.

An do stellt sech fir mech dann d'Fro: Wéi eng Krittere mussen déi Dokter erfüllen, fir de Medico dierfen ausféieren? An dat Zweet ass: Wéi vill där Doktere sollen dann optimalerweis iwwert d'nächst Joer nach derbäikommen? Sous condition natierlech, dass mer se fannen. Well ech ginn der-vun aus, dass dat och net deen einfachsten Exercice ass.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Wuert huet den Här Sportsminister Dan Kersch.

■ **M. Dan Kersch, Ministre des Sports.**- Här President, ech wëll dem Här Clement expressemment Merci soen, dass en dës Fro gestallt huet, well e mer d'Geleeënheet gëtt, eng Kéier méi am Detail op de Fonctionnement vum Médico-sportif anzegoen. An ech mengen, dass dat och eng wichteg Informatioun fir d'Chamber ass.

Ech sinn och frou, dass den Här Clement gesot huet, dass e schonn den 11. Oktober an der Gesondheets-a Sportskommissioun extra begréisst huet, dass mer déi Ouverture gemaach hu vun der Verlängerung. An och an der Question parlementaire, déi ech den 3. Juni 2021 beäntwert hunn, hu mer jo schonn eng Rei vu weideren Detailer ginn.

Wat elo konkret de Médico-sportif ubelaangt, ass et jo esou, dass et effektiv um Gesetz läit vun 2005, den Artikel 11 vum Sportgesetz vum 3. August 2005 an de Règlement grand-ducal vum 23. Dezember 2016, deen ofgeännert ginn ass deen eis ganz genau seet, wat am Médico-sportif muss gemaach ginn. Just als Informatioun fir déi Leit, déi net esou dra sinn: Nieft deem éischten Examen, dee muss gemaach ginn, gëtt et da selbstverständlech och nach eng Kéier en Noexamen oder en neien Examen, wann een den Alter vun 12, 15, 30, 40, 45 oder 50 Joer erreecht huet.

Wat wichteg ass, vläicht och eng Kéier hei ze soen: De Médico-sportif war effektiv zou während enger ganzer Period, an zwar vum 23. Mäerz 2020 bis den 12. Juli 2020. Do war et komplett ënnerbrach. Do waren also keng Aktivitéite vum Medico. Vum 13. Juli 2020 bis den 11. September 2020 sinn d'Kontrollen dunne erëm an deene véier regionalen Zentren ugaangen, plus an zwou Dokteschpraxissen, déi mer deemools scho konnte motivéieren, fir dat ze maachen. An de 14. September 2020 si weider regional Zentren derbäikomm, wat och allgemeng begréisst ginn ass.

Haut dann, an dëst hu mer de Federatiounen och viru Kuerzem matgedeelt - dass ass déi Circulaire, vun där den Här Clement virdu geschwat huet -, si mer an insgesamt siwe regionalen Zentren ënnerwee, plus véier Dokteschpraxissen.





2021 sinn natierlech déi Sportler an de Medico komm, wou d'Validitéit verlängert ginn ass, plus déi, wou hir normal Periodicitéit gefall ass. An da kommen och nach - an dat ass och elo scho virdrun ugeschwat ginn -, alleguerten déi nei Lizenzen. An do si mer - Dir hutt et ugedeit - e bëssen Affer vun eisem eegenen Erfolleg ginn, well mer - an do si mer awer frou driwwer - eng ganz Rei vun neie Lizenzen an de Veräiner, an de Federatioune kënnen matkréien. Ech hoffen, dass et e bëssen un där Aktioun läit mam Bong vu 50 Euro. Mee egal, wat d'Ursaach ass, firwat dass dat esou ass, mir freeën eis driwwer!

Op där anerer Säit mécht et eis natierlech eng Rei vu Problemer, déi mer dann awer probéieren, e bëssen aussetzen. Ech soen elo mol op déi Aart a Weis, andeems mer erëm eng Kéier eng Verlängerung gemaach hu fir déi Leit, déi hire Periodicitéits-exame musse maachen, soudass se dee kënnen opschiben an net mussen direkt maachen.

An deem Kontext ass et och vläicht en Opruff, net ze waarde bis dee leschte Moment, bis ee säi Medico muss maachen, mee et vläicht scho mat Zäit ukënnegt, well mer dann awer méi Flexibilitéit hunn, fir deem engen oder anere kënnen entgéintzekommen. Dat géif eis jiddefalls an der Organisatioun ganz vill hëllefen.

Eng wichteg Fro ass effektiv: Wat mussen déi Doktere maachen, déi esou en Examen médico-sportif wëlle maachen? Do geet et eeben net just duer, dass dat einfach, ënner Anführungszeichen, Médecin-généralist sinn. Si mussen eng spezifeschFormatioun maachen, e Certificat d'études spéciales en médecine du sport. Dat ass och net eppes, wat een an engem Cours du soir einfach owes eng Kéier mécht. Dat ass schonn eng méi laangfristeg Ausbildung, déi d'Dokteren do musse maachen.

Dat war och eng vun de laangwierege Fuerderunge vun eise Sportsmedezinner, dass dat och sollt an de Règlement grand-ducal stoe kommen, wat op där enger Säit gutt ass, well et d'Qualitéit vum Examen erhéicht. Et mécht eis natierlech elo an der konkreter Praxis eng Rei vu Problemer. Ech kann awer hei soen, dass mer iwwert d'AMMD en Opruff gemaach hunn u weider Doktere fir sech ze mellen, déi dat dann och an hire Praxisse kënnen maachen.

Ech gesi meng Zäit ass ofgelaf. Dat éischt Resultat dovunner ass, dass zwee weider Doktere sech gemellt hunn. Mee mir ginn eis net a wäerten déi Aktioun do weiderféieren am Interêt vum Lëtzebuerger Sport.

Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, dem Här Sportsminister Dan Kersch.

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 250 vum Här Jean-Paul Schaaf un d'Madamm Inneministesche iwwert d'Finanzéierung oder besser gesot d'Subventionéierung vun der Fusioun vun deene fënnef Nordstadgemengen. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 250 du 19 octobre 2021 de M. Jean-Paul Schaaf relative au financement respectivement au subventionnement de la fusion des cinq communes de la Nordstad, adressée à Mme la Ministre de l'Intérieur**

■ **M. Jean-Paul Schaaf (CSV).** - Jo. Merci. Merci, Här President. Bon, de Kontext vu menger Fro - Dir hutt et scho gesot - ass eeben dee vun engem Fusiounsprojet vun deene fënnef Nordstadgemengen. An d'Fro ass eeben déi, wéi d'Regierung gedenkt, dese Projet besonnesch finanziell - dat ass de Punkt vun haut - dann ze begleeten.

Zum Historique wëll ech awer e puer Erklärungen ginn: Am Dezember 2020 hunn déi fënnef Gemengen eng Ufro gemaach fir eng Entrevue bei der Madamm Inneminister. Den 8. Februar dëst Joer ass et iwwer Visiokonferenz zu där Entrevue komm. An déi fënnef Buergermeeschteren hunn der Madamm Minister dunn eeben und gesot, dass mer no laanger Iwwerleeung, no interner Finanzopdeeleung, nokucken: Wa mer d'Finanzen zesummeleeën, no Etüden iwwer SIGI an esou weider, wier eis Erwaardung un d'Regierung déi, fir 5.000 Euro pro Awunner ze kréien, fir dee Fusiounsprojet an déi Projet-d'enverguren, déi domadder a Verbindung sinn, kënnen ze realiséieren. Dat och virum Hannergrond, dass et net just eng Fusioun ass, mee och d'Realisatioun vun der Landesplanung, déi hei en cause ass.

De 5. März krute mer dunn en Optrag, mir sollen eng Lëscht mat de Projet-d'enverguré maachen. De 5. März hu mer déi eragi mat dräi Elementer drop: éischters nach eng Kéier schrëftlech déi Geldfuerderung vu 5.000 Euro confirméiert, zweetens eng Lëscht mat iwwer 20 Projet-d'enverguren an drëtens engem Wunsch no séierer Stellungnam vun der Regierung, fir dass mer kéinte Workshoppe mat eise Gemengeréit organiséieren. Déi hate mer virum Summer geplangt.

Dir hat eis och virum Summer eng Äntwert versprach. Mir hunn déi Workshoppen doropshin no der Sommervakanz getässelt. Well mer keng

Äntwert kruten, hu mer se du virum zwou Woche gemaach. Mee d'Gemengeréit si relativ onschlëseg, well se net wëssen: Steet d'Regierung hannert eis? Net hannert eis? Mat wat? Wéi geet dat virun?

Duerfir hunn ech zwou Froen. Déi éischt, hoffen ech, beäntwert Der mat Jo. Dat ass déi: Huet d'Regierung elo, siwe Méint no eisem Bréif, eng Äntwert op d'Fro vun der Finanzéierung? Ech hoffen, dass Der eng Äntwert hutt. Da kënt Der déi mat Jo beäntworten.

Meng zweet Fro - Dir musst mer de Montant net nennen - ass déi: Kënn Der eis wannechgelift ee Rendez-vous ginn, deene fënnef Buergermeeschteren - dat hu mer a mëndleche Gespréicher schonn dacks gefrot -, fir dass mer da kënnen déi finanziell an aner Froen diskutéieren.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Schaaf. D'Madamm Inneministesche, d'Taina Bofferding, huet d'Wuert.

■ **Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur.** - Sou, Här President, loosst mech als éischt nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'Nordstad e Projet ass, hannert deem d'Regierung weiderhi steet. Mir wëllen den drëtten Entwécklungspôle, niewent der Stad Lëtzebuerg an der Stad Esch, och fir d'Deentraliséierung vum Land erméiglechen.

Eng éischte Kéier - an den Här Schaaf huet et scho grad gesot - gouf ech elo am März dëst Joer mat der Demande vum Subsid konfrontéiert, mat där Fuerderung vun deene 5.000 Euro pro Awunner.

Do wëll ech direkt drop hiweisen, dass d'Regierung nach net virun allze laanger Zäit déi Aide spéciale, déi Subsidé schonn ëm 10 % erhéicht huet. Do si mer haut bei 2.200 Euro pro Kapp, an dat bis zu 2.000 Awunner. An da gëtt et nach eng Kéier 1.000 Euro pro Kapp bis zu 5.000 Awunner.

Vun där Erhéijung kann och schonn direkt eng Fusioun profitéieren. Dat ass déi Fusioun, déi elo gläich wäert ustoen, vu Groussbus a Wal. Mee Dir mierkt et awer, wou ech elo d'Montanten zitéiert hunn, dass natierlech schonn déi 2.000 ... si mer nach net bei deene 4.000.

(*Interruption par M. Jean-Paul Schaaf*)

A richtig ass jo och: D'Fusioun vun der Nordstad ass eng eemoleg Fusioun. Ech mengen, dat negligéiert keen heibannen. An et ass och richtig, dass mer eis dofir nach musse staark maachen a musse kucken, wéi mer se dee Moment kënnen ënnerstëtzen. Mee, mat deenen anere Fusiounen, déi och ënnerwee sinn, musse mer natierlech kucken, wéi mer dat och do an der Verhältnisméissegkeet maachen.

Ech hunn lech och deemools gesot, dass mer dat op engem interministeriellen Niveau wäerte préiwen, notament och déi Lëscht mat deene Projeten, déi Der eis eraginn hutt. Do ass och iwwert de Summer scho ganz vill Aarbecht geschitt. A mir hunn eis eeben elo nach déi Zäit gelooss, en vue vun der Preparatioun vum Budget, well et jo awer net onweesentlech ass, wann een déi Decisiounen herno an der Regierung hält. Déi huelen ech jo net aleng als Inneministesche, mee dat ass herno eng Decisioun, déi mer an der Regierung huelen, an dat maache mer eeben och am ganze Kader vun der finanzieller Situatioun dee Moment.

Mir wäerten eis elo deemnächst an der Regierung doriwwer concertéieren, respektiv dann och d'Decisioun huelen, wat de Subsid betrëfft - eeben déi Aide spéciale, déi déi fënnef Gemenge solle kréien, wa se da matenee fusionéieren. A mir kucken awer och, wat nach aner Méiglechkeete sinn, fir dës Fusioun kënnen ze ënnerstëtzen: sief dat elo déi nei Kasär, déi an der Diskussioun ass, oder awer och déi Konventioun mam Aménagement du territoire, fir just déi Beispiller ze nennen. Eng Fusioun baséiert jo net nëmmen op dem finanziellen Aspekt, mee wichtig ass jo och ze kucken, wat een als Regierung do nach vu weiderem Support ka ginn.

Dat zu Ärer éischter Fro. Ee genauen Datum kann ech lech elo net nennen. Mee et steet awer op der Agenda drop, dass mer dat elo relativ zäitno wäerte maachen.

Wa mer awer scho bei der Diskussioun sinn, an ech hunn et grad schonn erwänt, déi nei Kasär ... dat wäert lech awer freeën, wann ech lech ka soen, dass et do gutt virugeet. An zwar ass elo en Terrain fonnt ginn um Fridhaff, dee sech ganz gutt dofir eegent, fir dass dann déi nei Kasär kann dohinner gebaut ginn. An elo wäert deen Terrain och erworbe ginn. Ech mengen, dat ass jo och e Pluspunkt, dass de CIS Nordstad déi Infrastruktur kritt, déi en hei verdéngt huet.

Mee nach eng Kéier, an et ass mer awer wichtig, dat zum Schluss ze ënnersträichen: Eng Fusioun baséiert net nëmmen op de Suen! Tout en sachant, dass een natierlech d'Suen och braucht, fir d'Fusioun duerchzemaachen. Dat ass richtig. Mee ech mengen, et soll een et an deem globale Kontext kucken. Genau dat si mer amgaangen ze maachen. Soubal mer do d'Decisioun geholl hunn, sidd Dir natierlech déi Éischt, déi mer doriwwer wäerten in-

forméieren. An da wäerte mer eis och zesummesetzen an da kritt Der och dee Rendez-vous, ganz gären.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, der Madamm Inneministesche Taina Bofferding.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 251 vun der Madamm Myriam Cecchetti un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung iwwert d'Plattform fir Klimaaktioun. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 251 du 18 octobre 2021 de Mme Myriam Cecchetti relative à la plateforme pour l'action climat et la transition énergétique, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Merci. Här President, d'Klimagesetz, wat de 15. Dezember 2020 gestëmmt gouf, gesäit eng „Plateforme pour l'action climat et la transition énergétique“ vir, déi ënner anerem och en Diskussiounsforum soll sinn, dee sech soll an der Elaboratioun vum PNEC abréngen an och mat der ziviller Gesellschaft am Dialog op méi Niveauen a Schichte stoe soll. D'Zusummesetzung vun dëser Plattform ass awer nach net geschitt. Zumindest ass se mol net publizéiert ginn, soudass d'Plattform hir Aarbecht och nach net opheue konnt.

Während der Ried zur Lag vun der Natioun vum 12. Oktober huet den Här Premierminister sengersäits d'Kreatioun vun engem Conseil citoyen pour le climat annoncéiert, dee sech aus Honnert Bierger/innen aus der Zivillgesellschaft géif zesummesetzen an deen domadder beoptraagt géif ginn, iwwer konkret Klimafroen ze diskutéieren.

Verstitt eis elo net falsch: D'Biergerbedeelegung am Kader vun der Klimapolitik ass och fir eis ganz, ganz wichteg. Mee et ännert awer näischt dorunner, datt d'Klimafro immens dringend ass, an datt och dringend musse Mesuren ergraff ginn!

Dowéinst géife mir eis erlaben, lech, Madamm Ëmweltministesch, follgend Froen iwwert dës Plattform ze stellen: Aus wéi enger Ursaach sinn nach ëmmer keng Memberen an der „Plateforme pour l'action climat et la transition énergétique“ ernannt ginn? Weini sollen dës Membere viraussichtlech ernannt ginn? Wéi eng Roll spillt dës Plattform, vu datt doniewent jo e supplementaart Organ, nämlech de Conseil citoyen pour le climat, vum Premierminister annoncéiert gouf? Gesäit d'Ëmweltministesch hei eng Komplementaritéit zwëschent deenen zwee Organer? Wousst d'Madamm Ëmweltministesch iwwerhaupt am Virfeld eppes vun dësem Conseil?

A wéi schätzt d'Ëmweltministesch de Risiko an, dee jo och vu verschiddenen Umweltorganisatiounen ugeschwat ginn ass, datt duerch d'Schafung vun dësem zousätzleche Gremium wichteg Decisioune retardéiert kéinte ginn, respektiv iwwerhaupt net geholl ginn, wann den Här Premierminister elo mol gären an engem Conseil iwwer Mesuré schwätzt?

Ech soen lech am Virfeld Merci fir Är Äntworten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Cecchetti. D'Ministesche fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Carole Dieschbourg, huet d'Wuert.

■ **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.** - Villmools merci, Här President. Och merci, der Madamm Cecchetti, fir déi Fro, déi mer nach eng Kéier wirklech erlaabt, och op déi eenzel Gremien anzegoen, déi et am Kader vum Klimaschutz hei zu Lëtzebuerg gëtt.

Ganz richtig hutt Der betount, dass d'Klimagesetz e wëssenschaftleche Gremium zesummestellt. Do sinn d'Leit schonn nominéiert. En plus ass et esou, dass se eng Plattform aféiert, wéi se och an der europäescher Gouvernance virgesinn ass, dat heescht, dass all Land sech eng Plattform gëtt, wou déi organiséiert Acteuren aus der Zivilgesellschaft, aus den Entrepreneuren, vum Beräich vun den Investisseuren mat de Gemengen, mat de politesche Responsabelen diskutéieren.

An zwar ass do den Objet wirklech, dass mer sollen d'Begleedung maache vun der Ëmsetzung vun de Klimapoliticken, also vum nationalen Energie- a Klimaplang, dass och en Debat ka geféiert ginn am Grand public mat änlechen internationale Gremien. An déi sollen och un der Elaboratioun vun engem nächste Plang, engem nächste PNEC - well dat hält jo net 2030 op: mir hunn am Klimagesetz och eng 2050-Vue - matschaffen.

Dat heescht, dat ass ee Gremium, dee sech zesummesetzt aus Acteuren, déi ganz equilibréiert aus den eenzelne Beräicher organiséiert sinn. Well mer wëllen, dass déi Plattform och schnell an effizient ka schaffen, hu mer Enn September an der Regierung festgehalen, dass 22 Leit plus néng Observateure sollen an där Plattform sinn. Déi gesäit vir, dass dat siwe Representante vun ONGen, Sociétés civiles sinn; siwe Representanten aus dem Privatsektor, dat heescht Entrepreneuren an Investisseuren, déi zwee zesummen eebe siwen; plus sechs Representante vun de Gemengen oder Politik na-

tional, dat heescht Ministären, déi vertruede sinn. An dann zwou autres parties. Dat heescht, mir hate scho versicht, eng Plattform ze maachen, wou mer en Equilibre schafen.

Or krute mer du vu Verschiddenen - an déi eng hunn dat an der Press gesot, déi aner hunn eis einfach e Bréif geschéckt - gesot: „Mir wëssen nach net, wéi déi Plattform herno soll fonctionéieren, ob mer net ënnerrepresentéiert sinn.“ An dofir hu mer u sech deenen eenzelnen Acteuren, déi sollte Memberen nennen - verschiddener hunn dat ewell gemaach, anerer hunn nach keng Nimm eragereecht, well se nach wëlle mat eis iwwert den Equilibre diskutéieren -, geschriwwen: „Mir gesinn lech nach eng Kéier am Bilateralen.“

Déi Plattform soll jo eng Diskussiounsplattform sinn, déi natierlech extern Acteure ka froe fir en Avis. Och d'Regierung därerf déi Plattform froe fir en Avis, zum Beispill: „Setze mer déi an déi Saach richtig ëm?“ Dir wësst et: Mir hu sektoriell Ziler. Wa vläicht ee Secteur hannerdrun happere géif, da wär dat jo eng Diskussioun, déi op esou enger Plattform uerdentlech kéint geféiert ginn. Wat géif een do nach méi maachen?

Hei ass de Kader ëmmer de PNEC. An dofir, soubal meng Bilateralitéit mat deenen eenzelne Partieprenanté sinn, soubal och déi eenzel Partieprenanten alleguerten hir Memberen, déi si representéieren, genannt hunn - dat ass à ce stade nach net de Fall -, kënnen mer dat publizéieren.

Et wär awer net richtig, wa mer et elo scho géife maachen. Mir haten en inoffizielle Meet and Greet souwuel mat eisem wëssenschaftleche Gremium - do koume fënnef vu siwe Memberen awer op d'Klimaplan hin, fir mat eis ze diskutéieren -, an och mat auslännesche Memberen. Dir wësst, den Observatoire huet och auslännesch Wëssenschaftler mat derbäi. Vun der Plattform koumen och e puer Representanten, déi elo schon noméiert waren. A fir de Rescht starte mer awer eréischt definitiv, wa se alleguerte prett sinn, fir keen Desequilibre ze schafen.

Dann deen zweete Volet: Natierlech ass dat komplementar zu engem Biergerrot. De Premier huet dat a senger Ried och ganz genee gesot. De Biergerrot, do läit d'Basis, an dee soll debattéieren, wat Lëtzebuerg méi an der Klimapolitik mécht. Well dat ass nämlech dat, wat jo déi jonk Leit, déi op de Stroosse waren, och nach eng Kéier rezent, wëllen: Dass mer iwwert déi 55 % ginn, déi an eisem PNEC stinn, an eisem Klimagesetz. Et ass een Debat, deen een an der Gesellschaft muss féieren: Ma wat maache mer da méi?

Vun dohier ass meng Äntwert, Madamm Cecchetti, och ganz kloer: Natierlech kann dat keng vun de Mesuren, déi haut scho festgehalen sinn am Programm vun der Regierung, déi debattéiert gi sinn, déi och consultéiert gi sinn - well de PNEC hat eng Consultation du publique, do war eng Récksprooch mat der Kommissioun -, hënneren. Näischt, wat aktuell en cours ass, dat kann ech lech versprechen. Mee et ass e Méi un Abanne vun der Société civile, fir méi Klimaschutz hei zu Lëtzebuerg ze maachen.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg.

## 6. Interpellation de M. Gilles Roth au sujet de la gestion de catastrophes naturelles suite aux récentes intempéries

Dee leschte Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass d'Interpellatioun vum Här Gilles Roth iwwert d'Gestioun vun den Naturkatastrophen no deene rezenten Iwwerschwemmungen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Max Hahn, den Här Dan Biancalana, den Här François Benoy, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, wannechgelift.

**Exposé**

■ **M. Gilles Roth (CSV), interpellateur.** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, kuerz gesot, de Sënn an den Zweck vun dëser Interpellatioun ass eigentlech eng objektiv Opaarbechtung vun den Iwwerschwemmungen, déi mer hate Mëtt Juli 2021. Firwat? Mee well mir et fir néideg fannen, dass et zilféierend Erkenntnisser gëtt an déi och ze kréien, a virun allem, wéi een et déi nächste Kéier vläicht da ka besser maachen. Well loosse mer dat éierlech soen: Net alles, wat war, ass eigentlech esou gutt gelaf, wéi et duergestallt ginn ass.

An duerfir wëll ech eigentlech a menger Interventioun op fënnef Punkten agoen. Dat éischt, dat ass de Punkt vun den Alerten, also de Virwarnunge vun der Populatioun. Den zweete Punkt, dat ass d'Zesummenaarbecht tëschent de Gemengen an dem CGDIS. Den drëtten Punkt, dat ass dee vun de Schied, déi d'Leit hunn. Net all Mënsch ass bis elo indemniséiert. De véierte Punkt, dat ass dee vun der legaler Responsabilitéit. An de fënnfte Punkt, dat ass dee vun engem onofhängege Rapport.





Et muss ee soen, dass mer awer e bësse perplex waren, wéi viru 14 Deeg d'Inneministeschen an der Kommissioun eis praktesch gesot huet: „Jo, dat hat en aussergewéinlechen Charakter. Mir hate verschidde Wiederprevisiounsmodeller, déi si ganz spéit zur Konkusioun komm, dass et géif vill Reen ginn. Mee et ass kengem eppes geschitt. An duerfir, et ass alles gutt“, et on passe à l'ordre du jour. Mir gesinn dat awer, an dat hu mer och an der Kommissioun däitlech gemaach, e bësse méi nuancéiert.

Zu den Alerten: Den éischte Punkt ass deen, dass op de 14. Juli, dat war also moies um siwen Auer, eng Alert vu Meteolux komm, déi geschwat huet vun enger „alerte orange pour fortes précipitations“. Dat heescht, eng Alert, eng Warnung vu Staarkreen. Dunn ass näischt geschitt bis um 12.00 Auer, wou eng Alerte orange erauskomm ass vun der Gestion de l'eau, also vun dem Wasserwirtschaftsamt, an déi eigentlech gesot huet: „Ein Erreichen und/oder Übersteigen der Meldestufe 1“, also um 12.00 Auer war dat hei, „Cote de préalerte. An den Pegeln der Alzette ist nach aktueller Wetterlage ab dem späten Abend beziehungsweise in der Nacht zu erwarten.“ An da komme se zur Konkusioun: „Da wir uns außerhalb der [...] Flusshochwassersaison befinden, gilt die Hochwassermeldung besonders den spezifischen Sommeraktivitäten entlang der Gewässer“.

Dunn ass erëm dräi Stonnen net vill geschitt. An an deem interne Rapport, dee vun der Regierung gemaach gëtt, kënnt dann op eemol: „Majo, souwuel de CGDIS wéi och d'Buergermeeschtere sinn avertéiert ginn iwwer en SMS.“ Bon. Do gëtt gesot, dat wier um 14.23 Auer gewiescht. Dat ass awer mengen Informatiounen no, an ech si selwer Buergermeeschter, net richtig. Et ass wuel en SMS gaangen un d'Zentercheffe vun deenen eenzelne Centres d'intervention, déi duerch d'Land verspreet sinn, mee hei ass eigentlech de Beleg, dass deen un d'Buergermeeschteren, an ech sinn ee vun deenen, um 15.01 Auer erausgaangen ass.

Also, de deux choses l'une: Entweder si se alleguerte matenee gaangen, dann ass et eigentlech net verständlech, dass dat 40 Minutte gedauert huet. Oder deen un d'Buergermeeschteren, deen ass dann eréischt um 15.00 Auer erausgaangen. An dat, wat awer e bëssen do, ech soen, malencontreux ass, dat ass, dass ee schwätzt vun enger Préalerte de crue. Eng Préalerte de crue! Et schwätzt ee vum Risiko vun Iwwerschwemmunge vu Sitten, Campingen, Aktivitéiten an Notzunge bei Fléss a Gewässer. D'Cote de préalerte kéint op Plazen iwwerschratt ginn. Zousätzlech besteet de Risk vu lokalem Staarkreen an esou weider.

Dir Dammen an Dir Hären, am Plan d'inondation, wësst Der, wat do vun enger Cote de préalerte steet? « Risque de crues mineures, n'entraînant pas de dommages significatifs ». Also, dat war um 15.00 Auer, do ass déi dote Meldung un d'Buergermeeschtere gaangen a si ass un déi eenzel Centre d'interventione gaangen.

An do muss ech soen: Dat kann awer bal net sinn! Well an deenen doten SMSen, wéi ech lech se virgelies hunn - an et ware vill Buergermeeschteren an der Chamber, an dem Cercel -, ass dat net, wéi wann an zwou Stonnen, géif ech soen, e gudden Deel vum Land a vill Gemengen total ënner Waasser géife stoen. Do ass et einfach de Meldesystem, deen an eisen Aen net richtig fonctionéiert huet. Dat fanne mer ëmsou méi bedauerlech, soen ech ganz éierlech, well eng Woch méi spéit, nämlech méindes den 19. Juli, op enger Pressekonferenz mat der Madamm Dieschbourg, also der Ëmweltministesch, gesot gouf: „Mir waren net iwwerrascht!“ Et wier een net iwwerrascht gewiescht, et hätt ee jo schonns dënschdes Warnungen erausginn. Dat betount d'Christine Bastian, also, ech ginn dervun aus, eng Mataarbechterin vun dem Ëmweltministère. Mee d'Ëmweltministesch souz och an där Pressekonferenz.

An dass een net iwwerrascht war, mengen ech, dat geet och eraus aus Previsiounen vun zum Beispill Météo Boulaide. Dat ass e private Wiedermoossdëngscht, wou eng Rei vu ganz konkreete Warnunge schonns deen Dag virdrun, nämlech den 13. Juli gemaach goufen. Bon. D'Inneministeschen huet gemengt, den Auteur vun deene Warnungen, dat wier e Kärel gewiescht - bon, et kann een och soen, ee jonke Borscht, dat waren d'Wieder, déi ech am Kapp hunn an déi an der Ëmwelt- an Innekommissioun gesot gi sinn -, deen hätt schonn eng Kéier derlaanescht geleë bei enger fréierer Wiederwarnung. Ech wëll lech awer trotzdeem soen, dass dat jo net einfach esou au pif au mètre geschitt ass. Mee wann een dat nokuckt, da gesäit een, dass den 13. Juli - also, dat ass deen Dag virdrun! - dënschdes schonns gesot ginn ass: „Den amerikanesche Wiedermodell ...“ - also, et seet een net einfach esou: „Do kënnt Staarkreen!“ - „Den amerikanesche Wiedermodell GFS quantent bis den Donneschdeg inclus mat Reequantitéite vun tëscht 70 an 100 Liter pro Meterkaree.“

#### (Interruption)

Dat selwecht kënnt och vun engem onofhängegen Institut, vun der Universitéit Reading, wou gesot

gëtt, den Europäeschen Héichwaasserwarnsystem „hatte bereits am vergangenen Freitag“, also dat war déi Woch virdrun“, „gewarnt, dass es mit hoher Wahrscheinlichkeit in unserer Region zu Überschwemmungen kommen würde. Auch in Luxemburg wurden die Berichte nicht ernst genug genommen und keine impaktvolle Vorbeugung geleistet.“ Dat seet e Wiederexpert, den Här Jeff Da Costa, dat ass e Lëtzeburger, dee fuerscht „unter anderem auch zu Frühwarnsystemen bei Hochwasserereignissen.“

Dofir, mengen ech, ier een elo einfach esou privat Wiederdëngschter a Kritik zitt, hätt ech et als Laien eigentlech ubruecht fonnt, dass, wa vun esou engem private Wiederdëngscht awer eng Warnung kënnt, een dat zumindest emol a Consideratioun zitt an net einfach seet: „Mir kucken elo eist“, a fir de Rescht ass alles an der Rei.

Wou mer bei de Warnungen awer am meeschten - onofhängeg vun de Wiederwarnungen - ganz éierlech der Meinung sinn, dass et net normal ass, dat ass, dass um 15.00 Auer deen SMS do erausgeet, an dräi Stonnen drop, obschonn een am SMS vun enger „cote de préalerte“ schwätzt, esou vill Iwwerschwemmunge mat risege Schied sinn. Do mengen ech, dat ass net zilféierend.

An duerfir stellen ech eigentlech déi Froen: Firwat ass de System GouvAlert net dunn declenchéiert ginn? Firwat hu mer net d'Populatioun largement informéiert? Well ech mengen, déi Leit, déi en Auto verluer hunn, ma déi hätten da gesot, wann dat och nëmmen dräi Stonne virdru gewiescht wier: „Mee da réckelen ech mäin Auto. Oder ech kucken, dass ech zumindest dohinner kommen.“ Wa Leit hir Kellere iwwerschwemmt hunn, dann hätte se zumindest d'Méiglechkeet gehat fir ze reagieren. Firwat huet doniewent dee GouvAlert, deen nach 2018 dohigestallt gouf, wéi wann dat dee grouse System wier, wou een d'Populatioun iwwer Inondatiounen an aner Katastrophe géif informéieren, firwat huet deen net funktionéiert? Ech mengen, den Här Goergen hat an der Kommissioun eng ganz Rei kritesch Froen dozou gestallt, déi och technescher Natur sinn, wat awer d'Leit e bëssen interpelléiere misst.

Da stellen ech och d'Fro als einfache Laien: Wann Der an d'Vakanz gefuer sidd, sief dat hei an d'Nopeschlänner, sief dat a südlech Länner, wann Der aus dem Fliger erausgeklomm sidd, da krut Der iwwer en SMS eng Warnung, wat dann déi Covidmoossname sinn, déi an deem betreffende Land oder op där Plaz, wou Der sidd, spillen, ob Der elo Lëtzeburger waart oder d'Nationalitéit hat oder e GSM hat, deen un en Operateur reliéiert war an deem Land, wou Der an d'Vakanz gaange sidd. Wann Der iwwert d'Grenz hei gefuer sidd, ob dat an Däitschland war, ob dat an d'Belsch war oder a Frankräich, da krut Der, soubal Der an deen neie Réseau komm sidd, och dee Warn-SMS. Firwat ass dat zu Lëtzeburg bei 650.000 Leit net méiglech? Well domadder hätt ee kënne vill, vill Schied evitéieren.

An duerfir si meng konkret Froen: Wat mécht d'Regierung, fir déi Meteoservicer do ganz einfach ze verbessern? Wat fir eng Koordinatioun striift d'Regierung un zwëschent Meteolux, der AGE an dem CGDIS? Wat maacht Der, fir déi Warnung un d'Leit, un d'Bierger, ze verbessern? D'Warnungen och un déi lokal responsabel Buergermeeschteren, Schäffchen, déi musse fir hir Gemengen do agéieren? A firwat huet dee System GouvAlert net funktionéiert? Firwat gëtt et keen esou e Cellphone-SMS-Service? A firwat - dat ass jo eng Fro, déi opkomm ass - ass een net iwwert de Wee vu Sireenen oder soss anere Warnmoossname fir d'Populatioun drop opmierksam gemaach ginn?

En zweete Punkt, deen ech wëll abordéieren, dat ass dee vun dem Verhältniss zwëschent de Gemengen an dem CGDIS, well do stellt sech awer eng Fro, a besonnesch no den Aussoen, déi mer an der Kommissioun héieren hunn a wou vill Buergermeeschtere souzen, an dat soen ech ganz éierlech, déi net méi richtig woussten: Wat ass dann elo d'Responsabilitéit vun deene Gemengeresponsablen a wat ass d'Responsabilitéit, déi beim CGDIS läit? Ech muss ganz éierlech soen, do waren eng Rei vu Leit, déi ware perplex, dass do gesot ginn ass: „De CGDIS ass do, fir Liewen ze retten.“ Jo, op engem gewëssene Punkt ass en do, fir Liewen ze retten, mee de CGDIS ass net nëmmen aleng zoustänneg, fir Liewen ze retten.

An da gi mer bei d'Gesetz vun 2018 iwwert de CGDIS an och iwwert d'Sécurité civile. An do fält ganz kloer an den Artikel 1: « La sécurité civile a pour mission la protection des personnes, des animaux, des biens et de l'environnement contre les événements calamiteux, les sinistres et les catastrophes ». An da kënnt awer och de Saz: « l'information et l'alerte des populations ainsi que la préparation et la mise en œuvre de mesures et de moyens appropriés ». Dat heescht, hei ass eng ganz kloer legal festgeluechten Obligatioun, also eng Verpflichtung fir de CGDIS, fir d'Leit an esou Fäll ze informéieren.

An duerfir kënne mer eigentlech déi Argumentatioun net novollzéien, déi vum Inneministère an och

deelweis vun dem CGDIS gefuer ginn ass, fir ze soen: „Ma mir hu jo de Buergermeeschteren en SMS geschéckt, an domadder war einfach d'Responsabilitéit iwwerdre.“ Neen. D'Responsabilitéit vun der Informatioun, déi spillt an deem Fall hei ganz kloer fir de CGDIS!

Da kënnt eng weider Aufgab, déi steet am Artikel 4: « Le CGDIS a comme mission la planification, la mise en œuvre et l'organisation [...] des mesures destinées à sauvegarder les biens, y compris l'environnement et le patrimoine culturel, lors d'événements calamiteux [...], d'incendies, de crues et d'inondations ». Bon. An eisen Aen ass dat och onzoulänglech op deem Punkt geschitt. Do stelle mer eis nämlech Froen, wien dann elo en fin de compte Weisungsgewalt huet op den eenzelne Gemengen. Si mer am Fall, wou de Buergermeeschter responsabel ass? A wann dat de Fall ass, da muss de Buergermeeschter och d'Méiglechkeet hunn, fir déi Mëttelen, déi de CGDIS huet, zur Verfügung gestallt ze kréien.

An ech kann lech soen, dass ech eigentlech mat deem engen oder anere Buergermeeschter geschwat hunn, och aus der Uelzechtgéigend, an déi carrement gesot kruten, bei hinnen, d'Auspompele vun de Kellere, dat wier elo fäerdeg, si missten elo anere Missiounen nokommen. Jo, Dir kënnt awer net de Buergermeeschteren oder de Gemengen d'Responsabilitéit wëlle ginn a si hu keng Mëttelen, fir drop zréckzegraifen. Wou awer sengerzäit, mengen ech, e grouse Konsens war, an d'CSV huet sengerzäit dat Gesetz vun dem CGDIS och an deem Geescht matgestëmmt!

Wann de CGDIS der Meinung ass: „Ma d'Gemengen, déi hunn näischt domadder ze dinne“, well eng oder méi Gemenge concernéiert sinn, jo, da muss de CGDIS sech och déi Mëttelen ginn, fir déi néideg Virkéierungen ze treffen. An do si mir eigentlech e bëssen sur la faim bliwwen, well mir eigentlech net konnte gesinn, wivill Leit op deenen eenzelnen Asazpunkte konnte sinn. An et ass eigentlech e bësse befrüemlech, muss ech soen, dass mer eng Question parlementaire gestallt hunn den 30. Juli - also, dat sinn elo zwee an en hallwe Mount hier -, wou gefrot gouf: Wivill Pompjeeën an aner Asazkräfte vum CGDIS waren am Kader vun der Iwwerschwemmungskatastroph am Ganzen am Asaz? An déi zweet Fro: Kann d'Madam Inneministeschen eng detailléiert Statistyk vun allen Asazkräfte virleëen, opgeschlüsselt no professionellen a fräiwëllege Rettungsleit, no Affektiounen un de jeeweiligen Zentren an no de Gemengen, wou se de 14. a 15. Juli am Asaz waren? Dat war op Lëtzeburgergesch geschiwwen. Fir mech war dat zumindest op jidde Fall kloer, dass dat eng Fro wier, déi onkomplizéiert ze äntwerte wier, well ee ganz kloer jo freet, wivill Pompjeeën wou waren, a wat fir enger Gemeng a vu wat fir engem Centre d'intervention. Ech gi perséinlech dervun aus, dass schonn aleng aus Responsabilitéitsgrënn vis-à-vis vun deene Leit, déi am Asaz sinn, een esou Lëschten huet.

Ech kann lech soen, dass op eng éischt Question parlementaire eng Äntwert komm ass, dat war de 6. Oktober, do ass déi Fro hei net beäntwert ginn. Wéi mer se an der Kommissioun nach eng Kéier opgeworf hunn, ass gesot ginn, da wier se falsch verstane ginn. Abee, virun enger an enger hallwer Woch hu mer dunn déi zweet Fro nach eng Kéier gestallt - bis elo keng Äntwert. An dat fannen ech net nëmmen, bon, et ass kee Respekt, deen een huet vis-à-vis vun der Chamber, well een Delai do ass vun engem Mount, fir do ze äntwerten. A wann ee mécht, wéi wann déi zweete Fro carrement onverständlech wier, mengen ech, ass dat awer e bëssen einfach gefuer.

Dat, wat mir och wëllen, ass, dass an enger Chamberskommissioun an an der Chamber awer déi Froe gekläert ginn. Wéi ass et mat der Kooperatioun vun dem CGDIS a vun de Gemengen? Well mir ass rapportéiert ginn, dass an eenzelne Gemengen eigentlech net extreem vill Leit am Asaz waren. An do stellt sech awer eng fundamental Fro zwëschent dem Zesummeschaffen - an dat soll een och offe soen, mir sinn hei an der Chamber - vun deene sougenannte professionellen Agenten an de Fräiwëllegen. Well fréier, wou Fräiwëlleger do waren, huet dat, zumindest aus menger Erfahrung, gutt geklappt. An ech mengen, et sinn hei eng Rei Leit, déi Buergermeeschter a Pompjee an der Zäit waren, déi kënne deem nëmmen zoustëmmen.

An dann ass et och en Deel, Här President, wéi d'Duerstellung ass vun de fräiwëllege Pompjeeën. Ech fannen et, ech soen dat hei op der Chambertribün, eigentlech e bësse bedauerlech. Bei mir an der Gemeng selwer, beim Ulass vun dem nationale Kommemorationsdag war e Cortège, wou ech et ganz gutt fonnt hunn, dass déi professionell Pompjeeën do waren, déi sinn an der Galauniform do gaangen, an déi fräiwëlleg Pompjeeën, déi sinn eigentlech an der Schaffuniform, déi meeschtens och nach net richtig souz, hannendru gelaf. De Problem ass deen, ...

#### (Interruption)

Jo, jo, jo. De Problem ass deen, dass vun deene fräiwëllege Pompjeeën der fréier zum Deel d'Cheffe

waren vun deenen, déi elo professionell Pompjeeën sinn. An ech mengen, do muss een, einfach aus dem Respekt an och der Unerkennung vum Benevolat, eng Kéier iwwert déi Duerstellung an och déi Stellung vun de fräiwëllege Pompjeeën diskutéieren, well, an dat hei huet dat bewisen, ouni den Asaz vun de fräiwëllege Pompjeeën sinn esou Saache wéi dat hei net ze bewierkstelligen.

Da si mer der Meinung, dass een och muss driwwer diskutéieren, wéi dann d'Weisungsgewalt ass vum CGDIS respektiv vun de Buergermeeschteren. Dir wësst, dass, wéi dat Gesetz 2018 ausgeschafft ginn ass iwwert de CGDIS, laang Diskussiounen waren: Wien huet d'Weisungsgewalt? A wien dréit déi Responsabilitéit? Ech hunn dat an den Travaux préparatoires nogekuckt, do gëtt et, ech soen, zwou bis dräi Säiten iwwert d'Diskussioun vun der Responsabilitéit, déi och déi lokal Verantwortlech droen. Do sinn Amendementer gemaach ginn. An de Kommentar passt net méi esou richtig op dat, wat herno an dem Gesetz definitiv zréckbehalte gouf.

Ech mengen, do ass dréngend Klärungsbedarf, well wann d'Kand bis eng Kéier am Pëtzt läit, da wësst Der, da fänken déi Diskussiounen un. An et ass dann oft méi einfach, d'Responsabilitéit bei d'lokal Responsabel sichen ze goen, fir dass een da säi Schued do geltend mécht.

An dann, dat muss ech och soen, d'Aufgabegebitt vun dem CGDIS, dat mer engersäits am Gesetz stoen hunn an anerersäits, wéi et an der Praxis applizéiert gëtt, dat muss ee kucken. A wann ee seet: D'Gemengen hunn déi an déi Aufgaben, déi een hinnen no engem Brand, no enger Katastroph nach operleet, jo, da muss een de Gemengen, a besonnesch deene klenge Gemengen am ländlechen Raum, och déi Méiglechkeete ginn, fir deenen Aufgabe kënne nozekommen.

#### (M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

En drëtten Punkt, Här President, dat ass dee vun der Behiewung vun de Schied. An engem Communiqué vun der ACA, deen am Juli schonns erausgaangen ass, do waren déi Schied op 120 Milliounen Euro chiffriert. Ech mengen, si sinn elo weesentlech méi héich. An eenzel Pressemeldungen, och vun der ACA, déi soen, dass et eigentlech onweigerlech ass, dass an der nächster Zäit déi Primmen - dat si jo dann d'Primme fir d'Hausversécherungen - wäerten an d'Luucht goen. Duerfir kann een net einfach soen: „D'Assurancë bezuelen!“ Well ech mengen, dat ass och um Niveau vun den Assurancen, an ech weess net, ob d'Leit dat all wëssen, wa se hir Policë kucke vun den eenzelnen Assurancen, wéi wäit déi Couverture spillt. Wann een an engem Iwwerschwemmungsgebitt läit, da sinn déi Assurancë plafonéiert, mengen Informatiounen no, op 20.000 Euro. 20.000 Euro! Dat ass net vill. Dat ass net vill!

Elo stellt sech jo dann nach déi Fro, well mer dat awer aus der Praxis héieren, dass opgrond vun deenen Iwwerschwemmungen déi Zone d'inondationë méi breet gemaach ginn, soudass et och méiglech ass, dass Haiser, déi à ce stade net an engem Iwwerschwemmungsgebitt sinn, sech vläicht an nächster Zukunft an engem Iwwerschwemmungsgebitt befannen, zumindest esou ausgewise sinn. Spillt dann nach déi al Haftungsflucht, déi se haten, oder falen déi Leit dann, och vläicht zum Deel onwëssend, herno op déi 20.000 Euro Maximalindemnisation? Well ech mengen net, dass all Bierger éischstens emol dat weess, an zweetens mol, loosst eis dat selwer éierlech soen: Ech mengen, et ass net all Bierger, deen op d'Gemeng kucke geet, wann e Stréch vun enger Zone d'inondation geännert gëtt. Ech weess awer net, wéi een de Leit dat do eenzel bäibréngt.

Da sinn och vill al Haiser, déi do sinn, déi kënne net déi Schutzmoossnamen einfach elo un déi Haiser ubréngen.

Da stellt sech d'Fro vun de Versécherungen vun de Betriber. Wéi wäit spillen do déi Plaffongen? Da stellt sech awer och d'Fro vun der Informatioun vun de Leit a virun allem vun den eenzelne Gidder, déi d'Leit hunn. Well et kann ee jo net einfach soen: „Jo, da musst Der Äre Keller deementsprechend adaptéieren“, vun Haiser, déi gebaut sinn, do wësst Der, dass dat ganz fastidiéis Aarbechte sinn.

An duerfir ass meng konkret Fro op deem dote Punkt déi: Wat fir Interventiounen wëllt de Staat zousätzlech maachen? Wéi ass et mat de Retarde bei der Ausbezuelung vun deene Schied, déi net duerch d'Assurancë couvriert sinn? A sinn déi Sue budgetiséiert, fir dass se och kënne séier ausbezuel ginn? Well et kann een de Leit soen: „Jo, et ass alles gutt gaangen, et ass keen ëm d'Liewe komm“, mee Dir wësst och, dass dat bei de Leit, wa se gréisser Depensen haten, fir hir Haiser an d'Rei ze setzen, fir déi Schied, déi hinnen entstane sinn, auszegläichen, dass dat gréisser Depensé waren, déi net onbedéngt integral vun den Assurancen ofgedeckt goufen.

An da stellt sech och an deem Sënn d'Fro vun der legaler Responsabilitéit. Wann et nämlech Versäumnisser gouf um Niveau vun effentlechen Services, bon, dann ass et kloer, an dat wëssen der vill hei





bannen, dass dann och déi gesetzlech Dispositiounen spillen, wann e Service „défectueux“ fontionéiert huet.

Dee fënneften a leschte Punkt, Här President, dat ass deen, dass een am Sënn vun enger Approche elo net seet: Mir hunn en interne Rapport geschriwwen an domadder huet et sech. A fir de Rescht, on passe à l'ordre du jour. Do hate mer schonns ganz am Ufank d'Fro opgeworf, an net nëmmen d'CSV, mee déi véier Oppositionsparteien, fir en onofhängege Rapport ze kréien, deen all déi Aspekter géif belichten: vun den Alerten; vun de Wiederwarnungen; vun de Warnungen vun der Populatioun; vun de Warnungen, déi un déi eenzel Gemenge gaange sinn; vun der Fro vun dem Zesummeschafte vun dem CGDIS an den eenzelne Gemengen; vun der Fro vun de Responsabilitéiten vun deene jeeweilegen Acteuren, wann eng Kris do ass an och vun der Fro vun den Indemnisiatiounen vun den eenzelne Bierger. Dat heescht, d'Interventiounen, déi souwuel geschitt si vun de Versécherungsgesellschaft wéi och doriwwer eraus vun dem Staat.

A fir dat alles objektiv ze klären, si mer eigentlech der Meenung, d'CSV, d'ADR, déi Lénk an d'Piraten, dass esou en onofhängege Rapport sollt gemaach ginn. Dat heescht, net fir Responsabilitéiten zouwweisen, mee dat heescht, dass ee vu bausse belicht, wat geklappt huet a wat manner gutt geklappt huet. A mir bedauern et eigentlech, dass mer elo zwee an en hallwe Mount duerno erëm müssen eng Motioun virleeën, déi vun 29 Deputéierten da gedroen ass, fir dat do ze froen. Wéi et iwwereng och an anere Länner geschitt ass, mir hunn dat gesinn an der Wallonie, mir haten dat och invoquéiert, wou en onofhängege Rapport geholl ginn ass, fir déi eenzel Aspekter ze belichten. Dat ass déi Fro an och déi Fuerderung un d'Regierung, déi déi 29 Deputéiert vun der Opposition wëllen hei nach eng Kéier stellen.

An duerfir erlaben ech mer, dem President och déi Motioun nach eng Kéier ze iwwerreechen, an da soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

#### Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que les habitants de certaines régions du Grand-Duché ont été fortement touchés par les intempéries voire les inondations du 14 et 15 juillet derniers ;*

- *notant que le Gouvernement affirme avoir bien géré la situation et avoir informé les citoyens dans un délai approprié ;*

- *considérant que les divers avertissements n'ont pas atteint l'entièreté de la population concernée à temps ;*

- *constatant que l'application mobile « GouvAlert » a fait preuve de défaillances lors de la gestion des inondations ;*

- *considérant que bon nombre de questions se posent au niveau du flux d'informations entre le Gouvernement et les communes, les services de secours et la population ;*

- *considérant que durant la nuit du 14 au 15 juillet, le Gouvernement a fait déclencher le Plan d'intervention d'urgence en cas d'intempéries au lieu du Plan d'intervention d'urgence en cas d'inondations ;*

- *considérant que, d'après des experts cités dans des articles de presse, le système européen d'alerte aux inondations aurait déjà mis en garde contre la probabilité d'inondations le vendredi 9 juillet ;*

- *vu le « rapport relatif à la gestion de crise dans le cadre des intempéries du 14 et 15 juillet 2021 depuis la phase de préalerte » réalisé sur base de contributions du Ministère de l'Intérieur, du Haut-Commissariat à la protection nationale (HCPN), du Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS), de l'Administration de la gestion de l'eau (AGE), de l'Administration de la navigation aérienne/MeteoLux, de l'Administration des ponts et chaussées, de l'Armée luxembourgeoise, de la Police grand-ducale, du Commissaire du Gouvernement à l'énergie et de la société CREOS SA ;*

- *constatant que le rapport susmentionné s'avère incomplet au niveau de la chronologie et de la gestion, invite le Gouvernement*

- *à commanditer une étude indépendante externe avec comme objet principal l'analyse et l'évaluation du flux d'informations depuis les premiers indicateurs du risque d'intempéries importantes et durant les inondations du 14 et 15 juillet 2021 ainsi que les causes, les origines d'éventuels manquements tout comme les moyens pour y remédier à l'avenir. Cette étude devra comprendre comme informations-clé e. a. les points suivants :*

• *les sources d'information du Gouvernement ;*

• *la chronologie et le flux des informations entre ces sources et le Gouvernement ;*

• *la chronologie et le flux des informations entre le Gouvernement et les Communes ;*

• *la chronologie et le flux des informations entre le Gouvernement et les médias ;*

• *la chronologie et le flux des informations entre le Gouvernement et la population ;*

• *la chronologie et le flux des informations entre le Gouvernement et les responsables des services de secours ;*

• *la chronologie du déploiement des moyens pour venir au secours des citoyens par les services de secours ;*

• *les défaillances de l'application mobile « GouvAlert » lors de la gestion des inondations ;*

• *l'état d'avancement du développement d'un « Cell Broadcast System » et son rôle par rapport à l'application mobile « GouvAlert » ;*

• *les propositions d'amélioration pour remédier aux déficiences constatées.*

(s.) Gilles Roth, Myriam Cecchetti, Marc Goergen, Fernand Kartheiser, Nathalie Oberweis, Michel Wolter.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci. Merci och dem Här Roth.

An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

#### Débat

■ **M. Max Hahn (DP).** - Merci, Här President. De 14. a 15. Juli wäerte mer, mengen ech, alleguerde sou bal net vergiessen. Als fréiere Berufspompjee kann ech lech soen: Dat, wat mer dese Juli zu Lëtzebuerg erlieft hunn, hunn ech a menger ganzer Karriär nach net gesinn. Déi enorm Waassermassen, déi erofkonn sinn, hunn alles iwwertraff! D'Konsequenze vun deem intensiven Dauerreen, dee bis an déi fréi Moiestonne vum 15. Juli eragaangen ass, waren: Chaos uechtert d'ganzt Land, Flëss a Baachen, déi Stroossen a Plazen iwwerschwemmt hunn, net just Kellere, mee ganz Haiser, déi bis den éischte Stack ënner Waasser stoungen, Existenzen, déi komplett zerstéiert gi sinn.

Dippech gehéiert ganz sécher net zu deene Gemengen am Land, déi am schliëmmste getraff waren, mee och mir haten eisen Deel vun deser Katastroph ofkritt. D'Gemeng Dippech war souguer méi schliëmm getraff vun engem zweeten Héichwaasser duerch e Staarkreen de 27. Juli, wéi dat bei eis de 14. respektiv de 15. Juli de Fall war. Ech erënnere mech nach ganz gutt un desen Dag

Lokal Nidderschlei vum onvirstellbaren Ausmoosse sinn op Felder a Wise gefall, deenen hir Biedem duerch dee ganz laange Reen, dee mer virdrun haten, esou volgesuckelt waren, dass des kee Waasser méi konnten ophuelen. Doduerch ass d'Waasser an der klenger Baach Tajel a kuerzer Zäit därmoosse geklommen, dass d'Baach iwwert d'Ufer getrueden ass an d'Waassermasse sech ënner anerem an enger Déifgarage vun engem Appartementshaus do niewendrun de Wee gesicht hunn.

An enger Zäit vun e puer Minutte stoung des Déifgarage komplett ënner Waasser. D'Leit, déi zu deem Zäitpunkt an der Garage waren, si komplett iwwerrascht ginn a konnte just an allerleschter Minutt gerett ginn. Et hätt net vill gefeelt a mir hätten och zu Lëtzebuerg véier Doudesaffer ze bekloe gehat. Ech hunn zanterhier mat villen Héichwaasseraffer geschwat, an ech kann lech soen: Soubal et ufänkt mat reenen, hunn des Leit erëm Angscht virun engem weideren Héichwaasser!

Här President, am Numm vun der DP-Fraktioun wëll ech op deser Plaz och nach eng Kéier dem CGDIS, der Police, der Arméi, dem Waasserwirtschaftsamt, de Gemengenaarbechter an all deene ville Leit, déi ronderëm d'Auer am Asaz waren, e ganz grouse Merci fir hir Aarbecht soen, fir hiert Engagement an hir Solidaritéit.

A Situatioun wéi dese si Solidaritéit an eng séier an unkomplizéiert Hëllef dat, wat zielt. D'Regierung huet direkt reagéiert, fir kee mat sengem Misär eleng ze loossen. De Premier war nach den Dag selwer, doneschdes moies, mat senger Regierungskollegen op der Plaz, fir sech e Bild vun der Situatioun ze maachen. Ouni ze zécken, huet d'Regierung och déi néideg finanziell Ënnerstützung deblockéiert. Déi initial Enveloppe vu 50 Milliounen Euro gouf vum Finanzminister nach op 100 Milliounen Euro gehéicht, wéi bis kloer war, dass de Schued méi héich wier, wéi dat umgang geduecht war.

Här President, et bleift d'Fro, wéi esou eng Naturkatastroph an Zukunft kann evitéiert ginn. Dorobber gëtt et sécherlech keng einfach Äntwert. Den Zesammenhang mam Klimawandel ass op alle Fall manifest. D'Wëssenschaft warnt eis scho méi laang, dass sech d'Wiederextreemer heefe wäerten an dass mer méi dacks mat esou Evenementer wéi deene vum Juli rechne müssen. Dat geet vu Staarkreen a Mëtteleuropa bis extreem Hëtzt beim Mëttelmier. Jo, de Klimawandel gëtt och an eise Breedegraden ëmmer méi spierbar. De Kampf géint de Klimawandel ass dowéinst déi iewescht Prioritéit. Mir müssen alles drusetzen, eis Emissiounen ze reduzéieren an d'Destabiliséierung vun eisem Klimasystem ze stoppen.

De Premier huet dat a senger Ried déi lescht Woch nach emol méi wéi dältlech ënnerstrach an och kloer gewisen, wéi dat geschéie soll. Fir déi ambitiéis Klimaschutzziler ze erreechen, ginn an deenen nächste véier Joer net manner wéi aacht Milliarden an d'Ëmsetzung vum PNEC investéiert. Ech mengen, dat weist, wéi seriö dës Regierung d'Erausforderunge vum Klimawandel hält.

Ech wëll mer allerdéngs och net ausrechnen, wat et géif kaschten, wann d'Regierung dëst net géif maachen. Dat géif eis nämlech nach vill méi deier ginn. De Klimawandel ass eng Realitéit. Mir müssen eis ëmstellen, well soss drängt de Klimawandel sech eis op. Dat gëllt et, mat alle Mëttelen ze verhënnern an eis den Auswierkungen, déi mir haut schonn ze spiere kréien, unzepassen, esou gutt et geet.

Här President, et ass gutt, dass mir hei am Plenum de Point iwwert d'Krisegestioun maachen. Als DP begrësse mer des Diskussioun ausdrécklech. Dofir dem Kolleg Gilles Roth fir des Initiativ e ganz grouse Merci. Wann een de Krisemanagement vun enger Naturkatastroph thematiséiert, muss een ouni Zweifel iwwer Fréiwarnsystemer schwätzen, e wichtege Aspekt vun deser Diskussioun, wou nach Verbesserungspotenzial besteet.

Mir goufen do fatzeg iwwerrascht, net vum Reen u sech, mee vum Ausmooss. Kee war op dat gefaasst, wat géif kommen. Och wann een e puer Deeg am Viraus Informatiounen zu de Wiederprognosen huet, kann een net genau soen, wou déi extreem Phenomeener optrieden an a wéi engem Mooss Problemer wäerten entstoën. Souguer mëttwochs am Nomëtteg war nach onkloer, wéi eng Region wéi schliëmm betraff géife ginn. Déi verschidde Wiederprognosen, déi virlouchen, hu keng kloer Previsioun erlaabt, wou genau d'Nidderschlei Héichwaasser géife provozéieren.

Laut der Warnung vum Mëttwoch Mëtteg vum europäeschen Héichwaasserwarnsystem EFAS, hätten d'Peegelstänn vun der Sauer géint Mëtternuecht éischt Héchststänn sollen erreechen. D'Warscheinlechkeet vun engem fënnfjärege Héichwaasser huet d'EFAS mat 50 % an d'Warscheinlechkeet vun engem 20-järege Héichwaasser mat 35 % ugin. Dës Warnung, an dat muss ee kloer soen, war deemno wäit vun deem ewech, wat owes agetrueden ass.

Anerersäits huet d'Waasserwirtschaftsamt schonn dënschdes, den 13. Juli eng Héichwaassermeldung fir Campingen a Chantieren erausginn. D'Phas vun der Prealerte gouf vum Waasserwirtschaftsamt mëttwochs, de 14. Juli géint Mëtteg erausginn, um 17.00 Auer dunn d'Phase d'alerte.

Am Nomëtteg vum 14. Juli goufen dunn d'Buergermeeschteren uechtert d'Land iwwer SMS gewarnt. Leider sinn dës Warnungen net bei all Buergermeeschter ukomm. Des Weideren hu vill Leit an och politesch Gemengeresponsabel, souguer nodeems d'Waasserwirtschaftsamt d'Alerte rouge ausgeruff hat an de CGDIS déi Regionnen, wou den HQ100 iwwerschritt kéint sinn, zousätzlech an Alarmbereitschaft gesat hat, net dru gegleef, dass et zu enger gréisserer Naturkatastroph kéint kommen.

Uechtert d'ganzt Land gouf festgestallt, dass vill Leit d'Alert vu MeteoLux net wierklech seriö geholl hunn an dass laang kee richteg Bewosstsinn do war, wat d'Alerte rouge bedeit a wéi ee sech sollt verhalten. Hei musse mir d'Leit an Zukunft nach méi sensibiliséieren. De CGDIS bitt haut scho Coursen un, an deenen d'Leit gewise kréien, wéi se sech a Geforesituatiounen verhole sollen. Nieft zum Beispill dem Émgang mat engem Feierlāscher an der Preventioun vun Accidenter am Alldag geet et an deene Coursen effektiv och drëm: Wéi reagéieren ech, wann eng Urgence ass, wann en Noutfall ass? Wichteg wier, verstärkt Reklamm fir dese Cours ze maachen, well ech mengen, dass vill Leit net doriwwer Bescheid wëssen.

Mee egal, wéi vill Leit an dee Cours géife goen, am Eeschtfall selwer misst een déi wichtegst Reegelen, wéi ee sech während enger Katastroph verhole soll, nach eng Kéier proaktiv no bausse kommunizéieren, an dëst souwuel iwwert déi traditionell wéi och iwwert déi sozial Media verbreedten a permanent widerhuelen.

Wat d'Gemengen ugeet, ass et keng grouss Iwwerraschung, dass déi Gemengen, déi Erfahrung mat Héichwaasser haten, méi séier reagéiert hu wéi vläicht Gemengen, déi bis elo manner mat esou Problemer konfrontéiert waren. Dowéinst wier et interessant, fir an Zukunft zum Beispill och Formatiounen fir Gemengeresponsabel, de Buergermeeschter an de Schäfte, unzebidden, wéi ee mat esou Situatiounen an an esou Situatiounen ëmzegoen huet.

Här President, mam Bléck op zukünftge Héichwaassermeldungen sinn d'Gemengen awer och gefuerdert, hir intern Prozeduren ze iwerdenken an unzepassen a preventiv Moosssnamen ze ergräfen. Wou si sensibel Punkten? Wou kënn Leit vum Waasser agespaart ginn? Op wéi enge strateegesche Plaze müssen éischt Sandsäck higeluecht ginn?

Wat d'Preventioun zum Beispill ugeet, weess ech vu ville Gemengen, déi Studien an Optrag ginn hunn, fir

eng genau Analys vun den aktuelle Schwaachpunkten duerchzeféieren, e prezise Risk Assessment, notamment a Bezuch op Staarkreen. Dëst mam Zil, fir an Zukunft bei änlechen Naturkatastrophen de Risiko vu Schued u Mënsch a Material esou kleng wéi méiglech ze halen.

Des Weideren, wat d'Preventioun ugeet, ass den Objektschutz kuerzfristeg gesinn enorm wichteg. Zu Garnech an zu Dippech kritt een zum Beispill Subsiden, wann ee säin Haus géint Iwwerschwemmungen ofséchert. Hei gëllt et och an deenen nächste Méint, Efforten ze maachen, fir dass ee preparéiert ass, wann d'Waasser déi nächste Kéier kënn. Dozou gehéiert och d'Opstocke vu Schutzmaterial wéi zum Beispill Sandsäck. Wichteg ass hei besonnesch déi regional Zesummenaarbecht tëscht verschidde Gemengen, fir dass d'Material séier do agesat ka ginn, wou et gebraucht gëtt.

Op nationalem Niveau schafft d'Regierung de Moment engersäits un engem neien Héichwaasser-Risikoplang, deen d'Moosssnamen an de Beräicher Vermeidung, Schutz, Preventioun an Iwwerwachung vu Risiken ëmfaasst. Anerersäits ass a rezent Vergaangenheet och den zweete Plan d'action de la gestion des risques d'inondation presentéiert ginn, iwwert deen d'Gemengen de Moment jo och hir Aise kënnen ofginn. Et handelt sech heibäi ëm hir Héichwaasserskaarte vum HQ50 an HQ100, wou d'Topografie op 3 Zentimeter genau ka berechent ginn.

Ech wëll op deser Plaz awer net ze vill op d'Preventioun am Beräich vun der Ëmwelt a méi spezifesch de Waasserverleef agoen, mat deser enorm wichtiger Thematik wäert sech en Donneschdeg mäi gudde Kolleg, de Gusty Graas, a senger Interpellatioun hei am Haus am Detail beschäftegen.

Här President, e weidere wichtege Aspekt am Krisemanagement vun enger Naturkatastroph ass d'Kommunikatioun. Als DP si mer der Meenung, dass fir eng optimal Krisegestioun engersäits déi intern Kommunikatioun ënnert de verschidde Acteuren an anerersäits d'Kommunikatioun mat der Bevëlkerung muss verbessert ginn.

Bei esou enger Krisesituatioun wéi deser geet et virun allem drëm, de betreffenen Deel vun der Bevëlkerung esou séier wéi méiglech ze warnen. Do huet d'GouvAlert-App leider net esou fonctionéiert, wéi se hätt sollen: éischten, well d'Warnung ganzer aacht Stonnen no der Alerte rouge vu MeteoLux an der SMS, déi de CGDIS un d'Buergermeeschtere geschéckt huet, érischt verschéckt gouf an, zweetens, well just weéng Leit des Warnung tatsächlech kritt hunn, well eeben net vill Leit oder just e klenge Brochdeel vun der Populatioun déi App och tatsächlech erofgelueden huet.

Dëst ass och net déi éischte Kéier, dass d'Effikassitéit vun deser App, déi 2018 lancéiert gouf, a Fro gestallt gëtt. Schon ufanks 2020 während den Iwwerschwemmungen am Oste vum Land goufe sech déi selwecht Froe gestallt.

Mir sinn der Meenung, dass de Staat seng offiziell Krisekommunikatioun net kann op der Unnam baséieren, dass genuch Leit d'App erofgelueden hunn. Nee, de Staat muss derfir suergen, dass all Bierger, dee betraff ass, erreecht ka ginn, egal wou e wunnt a wat e mécht. An dowéinst denke mir, dass an Zukunft iwwer all méiglech verschidde Kanäl Warnungen un d'Bierger ausgoe sollen, ouni dass ee muss d'GouvAlert-App um Smartphone installéiert hunn.

E wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung ass an deem Sënn de Service Cell Broadcast, dee rezent vun der Regierung ugekënnegt gouf. Fir dese Service, mat deem Messagen un all erreechbar Handyen an enger bestëmmter Region verschéckt ginn, ass keng Umeldung néideg.

Här President, wéi d'Peegle geklomme sinn, hu mir gesinn, wat fir eng wichteg Roll déi traditionell Media gespillt hunn. Sief et iwwer Radio, Tële oder den Internet - déi verschidde Presseorganer hu mat hire Livereportagen den Eescht vun der Situatioun duergeluecht. Vill Leit si sech érischt no dese Biller dem Ausmooss vun deser Katastroph bewosst ginn an hunn hir Precautiounen getraff. An dat obwuel d'Alerte rouge jo scho méi laang dobause war.

Trotzdem sollt des Zesummenaarbecht weider verdéift ginn. Ech denken do zum Beispill un e Live-ticker, wou d'Leit ronderëm d'Auer gewuer ginn, wéi d'Situatioun ass, wéi déi rezent Entwécklung sinn a wat déi aktuell Previsiounen soen. Iwwert dese Wee kéint een d'Leit och informéieren, wéi se sech dann am Katastrophfall och am beschten ze verhalten hunn.

Net ze vergiesse sinn an deem Zesammenhang natierlech och déi sozial Medien, déi hautdesdaags op d'mannst gradesou eng wichteg Roll spille fir d'Diffusioun vun Informatiounen wéi déi traditionell. Do sinn dann d'Ekippe vum zoustännege Ministère an den zoustännege Verwaltungen gefrot, déi offiziell Kommunikatioun och op Facebook, Twitter an esou weider ze assuréieren.





Wa mer vu Kommunikatioun schwätzen a vu Wiederwarnungen, da mussen mer natierlech och kuerz op d'Roll vun de Wiederstationen agoen. Ouni Zweifel sinn dës essenziell Acteuren an der ganzer Krisegestioun. An dowéinst ass et hei extra wichteg, dass den Informatiounsfloss séier an effikass fléisst.

D'Tatsaach, dass mer mat der MeteoLux, der ASTA an dem Waasserwirtschaftsamt dräi verschidde Bedreier vu Meteostationen hunn, werft natierlech d'Fro op, ob dat net vun Nodeel ass, wann hei net mat enger Stëmm geschwat gëtt. D'Fro misst dowéinst erlaabt sinn, ob et net méi effikass wier, wann déi dräi Bedreier regroupéiert wieren, zum Beispill an engem Établissement public. Dëst mat der Iddi, fir eng besser Koordination vun de Previsiounen ze erméiglechen a fir déi grouss Unzuel u meteorologeschen Donnéeën besser kënnen ze verschaffen.

Ee leschte Punkt, deen ech am Kontext vun der Kommunikatioun nach kuerz opwerfe wëll: Misst ee sech net eventuell och d'Fro stellen, ob et net Sënn géif maachen, d'Gemengesirenen an Zukunft an esou Situatiounen anzusetzen?

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Max Hahn (DP).** - Am Moment si se natierlech an éischter Linn dofir do, am Fall vun enger nukleärer Katastroph ze warnen. Mee d'Fro ass awer net onberechtigt, ob een d'Sirenen net och fir aner Katastrophefäll kéint notzen.

Dat wier natierlech besonnesch nuets sënnvoll, wa kee méi de Radio lauschert oder d'Télee kuckt. D'Sirenen héiert een op alle Fall och an der Nuecht während dem Schlof. Et gëtt ee wakreg an et weess een op d'mannst, dass eppes net stëmmt.

Wann ech mech richteg erënneren, hat d'Madamm Inneministes och eng Ouverture an déi Richtung gemaach. Vläch ka si eis jo méi Informatiounen dozou ginn.

Här President, ech hunn elo e puer Pisten opgewisen, wou et nach Verbesserungspotenzial gëtt. Gläichzäitig wëll ech awer och betounen, dass den Asaz vun de verschiddene Moyaenen, déi ech elo grad ugeschwat hunn, wueliwwerleucht muss sinn an nënnen an enger wierklecher Noutsituatioun ka geschéien. Wann nämlech bis dräimol Falschalarm war, bei der véierter Kéier reagéieren d'Leit net méi. An dat ass och nëmmen normal.

Här President, ech wëll als Lescht awer och op de CGDIS agoen. Viru gutt dräi Joer hu mer d'Reform vun Rettungswiesen unanime gestëmmt, fir esou de Lëtzeburger Rettungsdéngscht fit fir d'Zukunft ze maachen. Ech erënnere mech nach ganz gutt, dass ech ganz besonnesch houfreg war, hei an der Chamber eng nei Ära vun der Geschicht vum Lëtzeburger Rettungswiese mat agelaut ze hunn. Eng nei Ära - an dat war vun Ufank u gewosst -, fir déi nieft enger Schëpp Gedold och déi néideg finanziell Mëttele missten opbruecht ginn, fir landeswäit e performante Rettungsservice kënnen ze garantéieren.

Et ass wuel legitim, dass no enger Naturkatastroph och d'Reaktioun vum CGDIS beliicht gëtt. Ech wëll lech awer och soen, dass ech mer guer net wëll ausdenken, wat geschitt wier de 14. a 15. Juli, wou mer am ganze Land mat enormen Iwwerschwemmungen konfrontéiert waren, wa mer de CGDIS net gehat hätten. Wa mer nach déi eenzel Zentere gehat hätten, déi deelweis op sech selwer gestallt waren a mir hätte keng iwwergeuerdet Kommunikatiounschaîne a Kommandochainen gehat. Ech wëll guer net wëssen, wat dann hei passéiert wier.

Et dierf een net vergiessen: Et huet sech ëm eng Naturkatastroph gehandelt, wéi de Grand-Duché se an deem Ausmooss sécherlech nach net kennt huet. De CGDIS huet ënnert dëse schwierigen Ëmstänn säi Bescht gemaach, fir iwwerall do ze hëllefen, wou e gebraucht gouf.

Et ass virop drëms gaangen, Mënscheliwwen ze schützen. Wann hei gesot gëtt, dass zu engem gewëssene Moment verschidde fräiwëlleg oder haaptberufflech Pompjeeën mat Kellerausompelen opgehal hätten, da läit dat dorun, well et do awer eng Prioritéit gëtt. An dat ass d'Mënscherrettung! An do muss een, wann een de Kommando huet, awer ofweien, wou een da seng Leit, déi een zur Dispositioun huet, wëllt asetzen. An do ass de Choix awer relativ séier gemaach. Et dierf ee sech d'Saach dann awer net ze einfach maachen an et muss een dat Ganzt awer global gesinn. Wéi gesot, mir haten do eng Ausnamesituatioun, an dës, wéi gesot, am ganze Land.

Fakt ass, dass an esou Situatiounen ni genuch Hänn do sinn, fir mat unzepaken. An zu där Melancholie, déi deelweis opkënn vu „fréier hunn déi fräiwëlleg Pompjeeën nach méi gehollef“, wat virdrun hei ugeklongen ass, wëll ech soen, dass mer haut an enger anerer Zäit sinn. Mir hunn déi Reform vun Rettungswiesen virun dräi Joer jo net vu Mutterwëll gemaach. Mir hunn déi gemaach, well dat war eng Reaktioun op e Manktum u Fräiwëllegen, déi sech am Rettungswiesen engagéieren. Dofir ass de CGDIS hei gegrënnt ginn! Well mer net méi genuch Fräiwëlleger haten, déi dat gemaach hunn.

A fir deenen elo Virwërf ze maachen, dass se eventuell net herno bei den Opraumaarbechte gehollef hunn - ech wëll lech soen: Dat ass guer net deenen hir Aufgab! Déi sinn do, fir eis ze hëllefen, wa mer an Noutsituatiounen sinn. A wann herno enzwousch muss opgeraumt ginn a gebotzt ginn an déi Leit, déi och nach hir normal Aarbecht niewebäi hunn, soen dann: „Hei, ech zéie mech elo zrëck, ech muss vlächit muer erëm schaffe goen“ oder wat och ëmmer „ech si midd“, ma dann ass dat hiert gutt Recht! Da muss ee kucken, dass een dat anerwärtet organiséiert kritt.

Här President, nieft de Verbesserungsvirschléi, wat d'Krisemanagement am Fall vun enger Naturkatastroph ugeet, ass et mir wichteg, zum Schluss vu menger Ried op déi iwwerwältigend Solidaritéit uechtert d'Lëtzeburger Land ze schwätzen ze kommen. Et war beandrockend, wat fir eng grouss Solidaritéitswell d'Lëtzeburger Land nom Héichwaasser kennt huet.

Nieft ville private Benevollen, sief dat Kolleegen, Familljememberen, Noperen oder Leit, déi ee bis dato guer net kennt huet, hunn och vill Gemengen uechtert d'Land hir Ënnerstützung iwwer en Don oder a Form vun Aarbechter, Fuerpark oder Material zougeséiert. Mir sinn e solidarescht Land, an deem een deem aneren hëlleft! Wann et drop ukënnt, hale mir zesummen. Dat mécht eis zesumme staark, grad a besonnesch an Noutfallsituatiounen.

Här President, fir eng jett betraffe Leit bleiwen nach vill Andréck ze verschaffen! Dat brauch Zäit. D'Opraumaarbechte si bei Wäitem nach net all ofgeschloss. Dës Naturkatastroph wäert nach laang hir Spueren hannerloossen. Elo ass et wichteg, no vir ze kucken, aus Feeler ze léieren, Prozeduren ze iwwerdenken an unzepassen, preventiv Moosnamen ze ënnerrhuelen a Léisungen ze sichen!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci och dem Här Hahn. An nächste Riedner ass den Här Dan Biancalana. Dir hutt d'Wuert, Här Biancalana.

■ **M. Dan Biancalana (LSAP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi Dir wësst, hu mir dës Woch zwou Interpellatiounen um Ordre du jour, déi sech mat ënnerschiddlechen Aspekter vum Héichwaasser vu Mëtt Juli befaassen. Dem Gilles Roth seng Interpellatioun vun haut leet jo dann de Schwéierpunkt op d'Evaluatioun vun der Krisegestioun vu Mëtt Juli an op d'Léieren, déi mer doraus zéie kënnen. Dat ass e wichtegen Aspekt vun der Krisenoprschaffung. Dëst erméiglecht deemno och, eng sachlech Approche kënnen duerzeleeën. An ech soen och dem Här Roth Merci, dës Interpellatioun ugefrot ze hunn, och wa mer als LSAP déi Perplexitéit, déi en hei duergestallt huet, net deelen.

Mir sinn eis als eens heibannen, dass Mëtt Juli eng dach aussergewöhnlech Situatioun an deem Land an a ville Gemenge war an dass mer och dat erlief hunn. Ufanks Oktober huet d'Regierung der Chamber en ausféierleche Rapport virgeluecht, dee virun allem de Verlaf vun der Krisegestioun erkläert an och d'Chronologie vun den Ereegnesser duerstellt.

An de Rapport, dee mécht och ee ganz nützleche Rapport vun den aktuelle Prozeduren an de Missiounen vun deenen eenzelnen Acteuren an enger Krisesituatioun. An deemno gëtt en och detailléiert Informatiounen dozou, wie wéini informéiert gouf an och aktiv gouf. De Rapport zitt och éischt Konklusiounen, wou d'Regierung sechs Pisten - sechs Pisten! - opzeechent, déi sech aus der interner Evaluatioun erginn an déi bis elo gemaach goufen an och weider effektiv ausgeschafft ginn.

D'Chamber wëllt an dee Prozess matagebonne ginn. Mir müssen dermat rechnen, dass mer an Zukunft méi oft mat extremer Wiederphenomeener an de Konsequenzen dovun konfrontéiert ginn. Dat bedeit, dass zum Deel anescht geplangt muss ginn, dass mer zousätzlech preventiv Mesurë müssen huelen op där enger oder anerer Plaz eventuell, oder méi oder manner Ressourcen och gebraucht ginn.

D'Chamber muss, genau wéi d'Regierung, kënnen hir Konklusiounen aus der Krisegestioun vum Juli zéien, fir en connaissance de cause zukünfteg Decisiounen ze treffen.

D'Fro steet am Raum, ob eng extern Evaluatioun, a si ass hei effektiv vun der Oppositioun gefrot ginn, vun der Krisegestioun muss gemaach ginn, ob déi Aarbecht, déi d'Ministèren an déi betraffe Servicer bis elo gemaach hunn an nach maache wäerten, duergeet. Méi wichteg schéngt mir zu deemem Zäitpunkt ze sinn, ze klären, ob et Froe gëtt, op déi mir nach keng Äntwert hunn.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

Generell muss ee jo soen, dass dës Héichwaasserkatastroph mat villen Asätz, mat ville Ressourcë geréiert gouf. Zum Gléck si keng Persounen schwéier verletzt ginn oder gestuerwen. Jidderee konnt matzäit evaquéiert ginn. Et ass net ee gréisere Schued entstanen, well en zougewisent Feel-

verhale stattfonnt huet. Au contraire, obwuel dës Héichwaasserkatastroph Ausmoossen hat, wéi mer se hei zu Lëtzebuerg nach ni kennt hunn, war iwwerall déi néideg Hëllef op der Plaz.

Ech wëlt dat hei wierklech ënnersträichen an all deenen, déi all déi Deeg deen enormen Asaz duergeluecht hunn, geschafft hunn, e ganz grouss Merci soen. U gelieferter Solidaritéit tëschent de Bierger an tëschent de Gemengen huet et net gefeelt. A vill Gemengen hunn d'ailleurs och hiert Personal fir Raum- a Botzaarbechten a Material zur Verfügung gestallt. Dat ass och gutt esou. Dat war e kollektiven Effort, dee mer hei am Land gemeeschtert hunn, zesummen.

Wa mer hei awer dervu schwätzen, dass d'Krisegestioun muss evaluéiert ginn, da geet et kloer net dorëm, fir d'Efforten, déi an der Kris gemaach goufen, ze relativéieren oder iergendwellech Scholdzouweisungen ze maachen. Mir wëlle keng Politiséierung vun deem Prozess, mee eng sachlech Analys effektiv duerleeën.

Mir wëssen all, dass et tëscht engem Plang an der Realitéit natierlech Ënnerscheider gëtt. Dat gëllt och ëmsou méi an enger Krisesituatioun, wou ee viles net ka virausgesinn. Et müssen also eng ganz Rei Decisiounen geholl ginn, vun deenen een de Moment selwer net sécher ka sinn, dass et déi beschtméiglech sinn. Et gëtt esou eng Riedensart, dass een am Nachhinein ëmmer méi schlau ass. Meeschtens ass dat en negative Kommentar fir Leit, déi herno alles besser wëlle gewosst hunn.

Et ass awer richteg, dass ee réckbléckend viles besser aschätze kann. Et ass méi wéi pertinent an och néideg, fir nach emol genee ze kucken, wéi alles ofgelaf ass, wann et net dorëms geet, Eenzelne Virwërf kënnen ze maachen, mee dorëms, aus deenen Erfarungen ze léieren, fir et an Zukunft besser ze maachen.

Natierlech gouf et gréisser Schied bei Familljenhaiser, bei Gemengeninfrastrukturen. D'Decisioun vun der Regierung fir à ce stade, nodeems se och selwer op der Plaz war, 100 Milliounen ze debločkieren, ass deemno och begrëssenswäert.

Wat muss also elo geschéien? All implizéierten Acteur muss fir sech eng Analys maachen - a si ass och schonn deelweis gemaach ginn -, wat gutt a wat manner gutt gelaf ass. Wann ech de Rapport vum Ministère liesen, schéngt dat jo gréisstendeels awer geschitt ze sinn. Et gouf jo och zënter Mëtt Juli ganz vill parlamentaresch Ufroen zu deenen eenzelnen Aspekter, déi och all beäntwert goufen.

Dat fänkt bei MeteoLux un. Hätt dës Service éischter, méi prezis Informatiounen kënnen hunn? Ass déi Zesummenaarbecht mat anere Servicer optimal verlaf? Gëtt et Verbesserungspotenzial bei de Wiederprevisiounen, wa mer der Recherche méi Moyaenen zur Verfügung stellen?

Änlech Froe muss sech d'Waasserwirtschaftsamt stellen. An ech si sécher, dass se dat och gemaach hunn. D'Héichwaassersituatioun vum Juli gëtt hei vill nei Donnéeën, déi muss verschafft ginn a fir zukünfteg Pläng berécksichtegt ginn. Do gëtt et sécher effektiv bei dem Héichwaasserrisikomanagement Pläng, déi ausgeschafft ginn, och natierlech Material.

Ech wëll awer haut net weider drop agoen, well en Donneschdeg jo och d'Geleeënheet ass, fir am Detail op déi Héichwaasserproblematik anzegoen.

De CGDIS ass ganz vill sollicitéiert ginn, war permanent am Asaz an huet sech natierlech och gutt opgestallt. An de PNOs ass jo natierlech och en zousätzlech Instrument, fir effektiv esou Katastroph ze meeschteren. Zur Evaluatioun vun de Rettungsdéngschter zielt natierlech och d'Zesummenaarbecht mat der Police a mat der Armée.

Här President, dee gréissten Challenge an engem Katastrophenzenario vun nationaler Envergure ass ouni Zweifel d'Koordinatioun vun allen Acteuren an d'Kommunikatioun souwuel tëschent den Acteuren wéi och mam Public. D'Kommunikatioun - intern an extern - an enger Krisesituatioun ass eppes aneschtens wéi eng offiziell Kommunikatioun a ganz normalen Zäiten an dat muss och aneschtens ugepaakt ginn.

A grad an deem Beräich huet d'Regierung Schwaachstellen opgedeckt. Véier vun deene sechs Punkten, wou d'Regierung an Aarbechtsgruppe schaffe wëllt, fir an Zukunft besser preparéiert ze sinn, betreffen och de Volet vun der Krisekommunikatioun. Op den Haut-Commissariat à la protection nationale kennt hei e besonnesche Rôle zou. Hien ass do de Pivot, éier d'Cellule de crise d'Leedung iwwerhëlt.

De System vun der Alert muss natierlech iwwerduecht ginn. Wie muss wat fir e Message zu wat fir engem Zäitpunkt och kréien? Wie gëtt dës Message eraus? Iwwer wéi eng Kanal? Wat fir Recommendationen begleeten dës Message?

Fir d'LSAP sinn dat am Fong Saachen, déi een och am Virus ka preparéieren, soudass se am Fall vun enger Kris nëmme müssen opgeruff ginn. An der Praxis schéngt dat net ëmmer optimal funktionéiert

ze hunn. Hei muss nogebessert ginn. Dësem Constat ass sech dës Regierung och bewosst.

E wichtege Punkt ass awer och d'Zesummenaarbecht mat de Gemengeverantwortlechen. Contrairement, wéi dat hei emol duergestallt gouf, huet dat mat ganz ville Gemenge ganz gutt um Niveau vun der Kommunikatioun geklappt. Fir déi Gemeng, déi mir méi no steet, kann ech dat op alle Fall behaupten. An ech hunn nach aner Echoen aus anere Gemengen deemtspriechend och kritt.

D'Buergermeeschtere kënnen natierlech de CGDIS requiréieren. Mir wëssen awer och, dass bei nationale Katastrophen, wou flächendeckend Ressourcë muss mobiliséiert ginn, dann d'Uweisung vum Ministère Prioritéit hunn. An do ass den Artikel 72, dee vum CGDIS-Gesetz gezu gëtt.

D'Zesummenaarbecht mam Syvicol muss natierlech och gekuckt ginn, fir effektiv op deem dote Punkt vun der Kommunikatioun an och vun der Sensibiliséierung ze schaffen, fir d'Gemenge besser matanzebannen. Do stellt sech dann natierlech och d'Fro vun der Kompetenzopdeeling.

Op alle Fall muss jidderee seng Plaz kennen, wann et dorëms geet, eng Kris ze geréieren. Dat gëllt besonnesch bei Naturkatastrophen, mat deenen déi Betraffe keng oder wéineg Erfarungen hunn. Héichwaasser ass per se keen neit Phenomeen, mee et waren déi Kéier awer Gemenge betraff, déi bis dohi keng Héichwaassersituatioun kennt hunn. Et schéngt mer also wichteg ze sinn, d'Gemengen nach méi verstärkt an d'Gestioun vun der Kris matanzebannen.

An dem Aarbechtsprogramm, deen d'Regierung sech ginn huet, ass och eng Iwwerpräiwung vun den technesche Moyaenen an de Kommunikatiounskaäl dran. Dass GouvAlert net fonctionéiert huet, wéi et gebraucht gouf, ass kloer op e Feeler zréckzuféieren. An dee gouf jo gekläert.

Et stellt sech also méi generell d'Fro, wéi een d'Leit elo domat erreecht a wéi een dat kéint verbessern.

Mir begrëissen op alle Fall als LSAP, dass nieft de klassesche Medien iwwer weider Méiglecheeten, wéi de Cell Broadcast oder SMS, nogeduecht gëtt, fir d'Populatioun ze erreechen an och ze warnen.

Et wäert awer weiderhi Leit ginn, an däärs si mer eis bewosst, déi net andauernd den Handy an der Täsch hunn oder op de soziale Medien ënnerwee sinn. Et muss dofir driwwer nogeduecht ginn, wéi mer op - géif ech soen - méi analogem Wee d'Leit erreechen. Mir testen all éischte Méinden um 12.00 Auer d'Sirenen am Land fir eng nuklear Katastroph. Fréier louch alt an all Haushalt en Telefonsbuch, wou déi Noutrufnummeren och ëmmer drastoungen, déi de Bierger eng Informatioun konnte ginn, mat enger Recommendation, wat ze maachen ass, wann d'Sirenen geet. Bon, déi Zäite si laang eriwuer. Et muss een awer iwwert déi dote Moyaenen nach eng Kéier nodenken.

Mir brauchen also Warnsystemer, déi esou opgestallt sinn, dass se d'gesamt Bevëlkerung erreechen. A virun allem müssen déi Warnungen esou sinn, dass d'Leit se verstinn, dass et hinne kloer ass, wéi se sech solle verhalten a wéi se agéiere sollen. An och dat ass eng Realitéit: An engem Land, an deem esou vill verschidden Nationalitéiten zesummeliwwen, mussen Recommendationen och méiglechst a genuch Sproochen erausgoen. Dat verlaangt eng komplex Koordinatioun, déi et gëllt, gutt virzebereeden am Virfeld.

Mir sollten awer och doriwwer eraus driwwer nodenken, ob een net eng méi systematesch Opklärung a Sensibiliséierung vun der Bevëlkerung maache sollt, déi sech net nëmmen op de Katastrophefall sollt limitéieren. Net jidderee mécht en Éischt-Hëllef-Cours. Sécherheetstraininge kéinten och verstärkt emol an de Schoulen an och a Betriber ugebuede ginn. Awer och elementar Verhalensreegele fir den Noutfall kéint ee méi bekannt maachen, a wann et nëmmen ass fir ze rappeléieren, wat fir eng Feeler een net dierf maachen. Et si jo oft déi selwecht Feelreaktiounen, déi effektiv Mënscheliwwen kaschten. Dëst dréit sécherlech zu enger besserer Aschtzung engersäits vun de Risike bäi an anerersäits stäerkt et awer och d'Sécherheetskultur.

Här President, e leschte Punkt an de Recommendationen vun der Regierung gesäit vir, dass ee sech Krittäre gëtt fir ze definéieren, wéini mir vun enger Naturkatastroph schwätzen. Doru knäppt sech natierlech dann och d'Fro vun der Ënnerstützung vun de Betraffenen, wann d'Kris a sech eriwuer ass, mee de Schued nach laang net behuewen ass.

Vu dass mir et an Zukunft warscheinlech méi oft mat Naturkatastrophen ze di kréien, déi vill Schued uriichten, mussen mir eis also aneschtens vibereeden, fir dass déi Geschiedegt sou schnell wéi méiglech och déi néideg Hëllef kréien. An dëst ass natierlech e ganz komplexe Prozess, fir de Schued och ze evaluéieren an ze klären, woufir d'Assurancen opkommen.

D'Solidaritéit mat den Affer vun Naturkatastrophen, déi natierlech vill Leid erlieft hunn, muss och dann





erhale bleiwen, wann d'Zuel vun esou Situatiounen zouhëlt an d'Laascht, déi d'Kollektivitéit droe muss, méi grouss gëtt. An och an deem Sënn wëilt ech hei eng Motioun am Numm vun den dräi Koalitionsparteien deposéieren, wou d'Chamber d'Regierung invitéiert, hir den Optrag gëtt, un enger Rei Elementer weider ze schaffen, zesumme mat hire Servicer. An ech ginn lech se, Här President.

#### Motion 2

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*- le déroulement de la gestion de crise dans le contexte des intempéries et inondations qui ont frappé le pays au cours de la semaine du 12 juillet 2021 ;*

*- le rapport du Gouvernement relatif à la gestion de crise dans le cadre des intempéries des 14 et 15 juillet 2021 depuis la phase de préalerte et les conclusions tirées ;*

*- l'importance d'une communication de crise transparente, accessible et concise ;*

*- la crise climatique impactant directement la fréquence et l'intensité des événements météorologiques extrêmes ;*

*- la nécessité de disposer d'un système de gestion et de communication de crise performant ;*

*- les travaux actuellement en cours concernant le deuxième plan de gestion des risques d'inondation,*

*invite le Gouvernement*

*- à procéder à une réflexion sur le rôle et la responsabilité des acteurs au cours de la gestion d'une crise, et particulièrement en ce qui concerne la communication ainsi que la coordination de crise à l'égard des autorités locales, des médias, des autres administrations et du grand public ;*

*- à analyser le rôle de la communication de crise lorsque plusieurs cellules d'évaluation sont actives et l'implication des médias ;*

*- à poursuivre les travaux entamés au niveau de la diversification des moyens d'alerte de la population par des canaux de communication multiples directs et indirects et à continuer l'évaluation d'autres canaux de communication complémentaires tout en prenant le retour d'expériences relatif aux intempéries des 14 et 15 juillet 2021 en compte ;*

*- à mener une réflexion sur l'élaboration de critères justifiant la reconnaissance de la qualité de catastrophe naturelle à un événement climatique de proportions extraordinaires ainsi que sur la procédure y associée ;*

*- à présenter les résultats des différentes réflexions à la Chambre des Députés, tout en y associant le secteur communal.*

(s.) Dan Biancalana, François Benoy, Max Hahn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **M. Dan Biancalana (LSAP).**- Do geet et enger-säits am éischten Invite - an ech mengen, et ass e bëssen d'Kontinuitéit och vum Rapport vun deenen zwou Kommissiounen, vun der Commission jointe, déi mer virun enger décker Woch haten -, do geet et ëm de Rôle an d'Responsabilitéit vun deene verschiddenen Acteuren, déi an der Gestion de crise implizéiert sinn, notament um Niveau vun der Kommunikatioun, vun der Koordinatioun, an dorëm, fir zesumme mat deene verschiddenen Acteuren, sief et mat deene lokalen Autoritéiten, de Gemengen, de Medien, de staatlech Administratiounen, awer och dem Public, der Bevëlkerung, déi Reflexioun weiderzeféieren an ze preziséieren, dann awer och, fir de Rôle vun der Kommunikatioun ze analyséieren, wa verschidde Cellules d'évaluation deementspriedend och aktiv sinn, an och do d'Konnexioun mat de Medien.

Da geet et natierlech awer och ëm d'Weiderféierung vun der Diversifikatioun - an et gouf schonn e puer-mol hei ugeschwat - vun deene verschidde Moyens d'alerte, déi mer mat deene verschiddene Kommunikatiounskanal vis-à-vis vun eiser Bevëlkerung hunn, an och dorëm ze kucken, wéi eng nei Kanal mer deementspriedend och kënnen a Beweegung setzen.

An dann ass natierlech och eng Reflektioun ze entaméieren iwwert déi Krittären, déi eis erlaben ze soen, wéini mer deementspriedend och effektiv eng Naturkatastroph hunn, a wann natierlech déi doten Aarbechte gemaach sinn, och hei an d'Chamber zrëckzekommen an och de Gemengesektor ze associéieren, fir déi néideg Resultater hei kënnen virzestellen, fir dass mer och driwwer kënnen diskutéieren. Well mir hu Vertrauen an d'Regierung an och an hir Servicer, mengen ech, déi hei am Asaz waren an déi och wäerte weider am Asaz sinn!

A falls sech unhand vun dëse Resultater, vun dëse konkreete Mesuren eventuell sollt erausstellen, dass eng extern Evaluatioun néideg ass, da verschléisse mer eis deem net. Mee virun allem, mengen ech, hu mir Vertrauen an d'Regierung, fir op

alle Fall déi Analys kënnen weiderzeféieren, déi se bis elo entaméiert huet.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Biancalana. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. François Benoy (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Hären, tëscht dem 14. an dem 15. Juli am Summer hate mer wierklech eng extreem Wiedersituatioun, déi bis viru Kuerzem eigentlech onvirstellbar war. D'Waasserleef sinn immens séier geklommen. Op 15 Pegelstationen hu mer déi héchst Waasserstänn, déi mer jee haten, gemooss. Op zéng Statiounen goufe Joerhonnerthéichwaasser iwwerschrott. Rekorder goufe gebrach.

Glécklecherweis hate mer just materielle Schued, wann och extreem héije materielle Schued. D'Association des assureurs huet vun 125 Milliounen geschwat. Ënnert dem Stréch, mengen ech, muss een awer soen, dass alles plus ou moins gutt fonctionéiert huet, grad wann een dat vergläicht mat der dramatescher Situatioun an den Nopeschlänner. Mir haten einfach och glécklecherweis kee Schwéierblesséierten hei. Mee natierlech gëtt et och Verbesserungspotenzial.

Wat mer virun allem awer feststellen, dat ass, dass d'Klimakris definitiv och hei zu Lëtzebuerg ukomm ass. Mir hunn de Klimawandel, dee wierklech zu Wiederextreemer féiert. An d'Effekter ginn ëmmer méi heftig a verstärke sech an deenen nächste Joerzénkten. Am Kloertext heescht dat, dass et gutt méiglech ass, dass dat, wat mer haut als en honnertjäregt Héichwaasser gesinn, riskéiert, e 50-, 30- oder sou weider -järegt Héichwaasser an der Zukunft ze sinn.

A mir hunn an der Kommissioun och de Rapport vun der Regierung diskutéiert, dee feststellt, dass d'Warnunge vun de verschiddene Verwaltungen zu deene verschiddenen Zäitpunkten och komm sinn, dass d'Rettungswiese wéi och d'Gemengen um Terrain gehollef hunn an hir Aarbecht gemaach hunn, quitte dass natierlech och Saachen hätte besser kënnen lafen an dass mer eis musse verbessern.

D'Warnunge musse besser bei de Leit ukommen, fir dass si hir Precautiounen kënnen huelen. Mir brauchen nach besser Reaktiounen an och e bessere Management um Terrain, sief et Gemenge respektiv Rettungswiesen. A mir mussen de Leit och hëllefen, mir musse kucken, nach besser ze hëllefen.

An am Ëmgang mat de Konsequenze vun dëser Klimakris musse mer eng ganz Partie Léieren och elo schonn zéien. D'extrem Wiedere wäerten an deenen nächste Joerzénkten zouhuelen a si wäerten och méi intensiv ginn. Dat heescht, d'Preventioun musse mer nach weider verbessern, souwuel natierlech Klimaschutz maachen wéi och Klima-Adaptatioun. Mir mussen an der Krisegestioun besser ginn a mir mussen eis generell an der gesellschaftlecher Resilienz stärken. An dorobber, mengen ech, wäerte mer en Donneschdeg nach méi agoen.

Här President, Dir Dammen an Hären, mir haten den 13. an de 14. scho relativ fréi verschidden Alerten, déierausgaange sinn, souwuel vu MeteoLux den 13. schonn, och vun der AGE den 13., dann de 14., also mëttwochs, hate mer moies fréi vu MeteoLux eng Alerte orange. Mir haten um 12.00 Auer vun dem Waasserwirtschaftsamt eng Alerte orange, wou am Fong scho kloer gesot ginn ass, dass et eng „nécessité de vigilance particulière“ gëtt. An an dësem zweeten Héichwaassermeldebericht stoung och dran, dass déi nächst Meldestuf nëmmen e puer Stonnen no dem Iwwerschreide vun dëser Stuf och ze erwaarde wär. De 14. um 17.15 Auer koom dann d'Alerte rouge, déi eigentlech relativ dätlich ass. Déi seet, dass et e „risque de crues majeures pour une grande partie du pays“ gëtt, „provoquant des débordements susceptibles d'avoir un impact significatif sur les personnes et les biens“.

Permanent an där heiter Kris gouf et e Kontakt tëscht deene verschiddenen Administratiounen, och mat dem Ausland, awer och tëscht den Administratiounen heiheim, souwuel also dem Waasserwirtschaftsamt wéi och dem Haut-Commissariat à la protection nationale an natierlech och dem CGDIS. A mëttwochs um 17.00 Auer huet dann och den Haut-Commissariat à la protection nationale iwwerholl.

Wat heescht dat? A mengen Aen, dass MeteoLux an och d'Waasserwirtschaftsamt hire Rôle iwwerholl hunn an en temps réel Prognosen a Warnunge gemaach hunn, déi och iwwert d'Press, Newsletteren an aner Méiglechkeete verdeelt gi sinn. Gradesou huet de CGDIS seng Aarbecht iwwerholl, fir iwwer seng Kanal ze warnen. D'Gemenge goufen och gewarnt, spéitstens da mat deem SMS um 14.00 Auer un d'Buergermeeschteren. An ech mengen och, dass d'Warnungen dofir bei der Populatioun ukomm sinn, quitte dass et Verbesserungsméiglechkeete gëtt.

Generell mengen ech, wat een och hei mierkt, dat ass, dass et am Fall vun esou Staarkreen a wann en

esou iwwerraschend kënnt, grad och fir esou ee klengen Territoire wéi Lëtzebuerg einfach immens schwéier ass, eng gutt an eng ganz prezis Previsioun ze maachen. Dat liest een och an enger ganzer Rei Presseartikelen vun Experten, dass et heiansdo fir Lëtzebuerg och schonn duergeet, dass de Wand e bëssen dréit, fir dass et ganz schwéier ass virauszegesinn, wat dann effektiv zu Lëtzebuerg passéiert. An ech mengen, dat ass jo och en Challenge, deen et gëtt - mir hunn dat de Mëtteg schonn e bëssen diskutéiert an ech ginn och méi spéit nach eng Kéier drop an -: Wann een de Leit ze vill Warnunge gëtt, da kann et am Endeffekt kontraproduktiv ginn.

Mee an deem heite Fall mengen ech, dass matzäiten och uerdentlech gewarnt ginn ass. An dat ass op alle Fall schonn den 13. um 14.00 Auer an deem éischte Vigilancebericht gemaach ginn.

Vläicht och e kleng Verglach mat der europäescher EFAS-Meldung, déi erausgaangen ass: Déi war méi spéit, manner prezis a virun allem och eng informell Meldung, wéi et och schonn de Mëtteg ugeklongen ass oder gesot ginn ass.

Dann dee Message vun der GouvAlert. Ech mengen, et ass evident, dass deen ... En ass net ukomm. An en ass eigentlech och ze spéit erausgeschéckt ginn. A souwisou gouf et och just weéng Abonnenten do. An et gouf jo och scho festgehalten an dem Rapport, dee vun der Regierung doläit, oder och a verschiddene Question-parlementairen, dass een do een neie Kanal muss kréien, dee Cell Broadcasting, fir dass wierklech bei alleguerten deene Leit, déi betraff sinn, dee Message ukënn. Dat ass wierklech dat, wat mer brauchen. An dat muss och esou séier wéi méiglech ëngesat ginn, nieft natierlech och deenen anere Méiglechkeeten, déi et gëtt: Newslettern, Alerten, d'Medien allgemeng, d'sozial Medien a sou weider.

Bon, wat d'Zesummespill tëscht de Verwaltungen ugeet, huet dat, mengen ech, gutt fonctionéiert, wéi ech et scho gesot hunn. Spéitstens um 17.00 Auer gouf et déi Alerte rouge, wéi den Haut-Commissariat à la protection nationale iwwerholl huet. Um 22.00 Auer gouf d'Cellule de crise aktivéiert. Vläicht hätt dat och méi fréi kënnen passéieren. Ech sinn net deen, deen dat jugéiere kann, wat do de Pour et le contre ass. Mee op jidde Fall erkennt een, dass awer hei alleguerten déi wichteg Acteuren zesumme-geschafft hunn, fir dass mer beschtméiglech duerch déi Situatioun hei duerkomm sinn.

Wat d'Buergermeeschteren oder d'Gemengen ugeet: Um 14.20 Auer ass deen SMS un d'Buergermeeschtere geschéckt ginn. An ech mengen, deen ass och Synonym dofir, dass eigentlech net bei jiddwerengem de Message d'nämmlecht ukënn. A mir hunn dat och an der Diskussioun, déi mer an der Kommissioun haten, gemierkt. Verschiddener kruten de Message natierlech net - dat geet natierlech net! Do muss nogebessert ginn. Anerer hunn en anescht wouergeholl. Mee et ass awer hänke bliwwen, dass grad de Claude Haagen, als e Buergermeeschter, dee sech grad an där heiter Thematik auskennt, gesot huet, dass fir hien de Message kloer war an dass onmëssverständlech war, wéi een e sollt interpretéieren. Bon, anerer konnten näischt domat ufänken oder hunn d'Urgence net erkannt.

#### (Brouhaha)

An an deem Sënn war d'Kommunikatioun do, mee si gouf eeben net vu jiddwerengem verstanen. An do musse mer, mengen ech, dru schaffen. An natierlech kann et och net sinn, dass bei verschiddene Buergermeeschteren déi Informatioun net ukënn!

Eng Fro, déi een och, mengen ech, muss opwerfen ass: Spéitstens dee Moment, wou mer an enger Alerte rouge waren, mengen ech, hätt een och vläicht kënnen nach eng Kéier en SMS noschécken. Dat hätt op alle Fall och gehollef, dass de Message bei jiddwerengem ukomm wär.

#### (Interruption par Mme Diane Aehm)

Jo, mee eng SMS méi ... Mee Dir waart jo och hei. Ech hunn awer och matkritt - ech war och selwer an der Chamber -, ech hunn och dee Moment scho matkritt, dass de Message bei ville Leit ukomm ass. An eng Partie sinn der och dee Moment sëtze bliwwen.

Mee dat war jo och guer net den Objet! Dat war och iwwerhaupt net den Objet vun deem, wat ech elo gesot hunn.

#### (Interruptions diverses)

Voilà. Ech maache vläicht weider mat menger Ried. Ech hunn en Artikel gelies, vun engem Buergermeeschter, nämlech vun dem Yves Wengler, Buergermeeschter vun der Gemeng, vun der Stad lechter-nach, also och enger Stad mat Erfahrung, wat Héichwaasser ugeet, deen am Fong seet, an ech liese vir: « L'alerte a été tardive, mais je suis convaincu que même si on avait disposé de ces informations plus tôt, les gens ne les auraient pas forcément prises au sérieux [...] ». Là, ça a dépassé tout ce qu'on a connu! On aurait été surpris de toute façon ... Moi-même je n'ai jamais pensé que l'eau

atteindrait ce niveau. J'avais l'espoir que nos mesures anticrues suffiraient. »

■ **Une voix.**- Wie wor dat?

■ **M. François Benoy (déi gréng).**- Den Yves Wengler vun der Gemeng lechternach.

#### (Interruptions)

Jo, also de Buergermeeschter. Do seet also ee Buergermeeschter, dass senger Meenung no och eng méi fréi Alert net onbedéngt eppes bruecht hätt, fir dass vill Leit et méi seriö geholl hätten. An e seet och selwer, dass hien net gemengt hätt, dass d'Waasser esou héich géif klammen.

Bon. Ech wëll dann awer och alleguerten deenen Dausende Fräiwëllegen an och Netfräiwëllege vu CGDIS, Police an Arméi, jiddwerengem, dee gehollef huet am Kader vun där heiter Kris, wierklech vill-mools Merci soen. An ech mengen natierlech, dass och de CGDIS ... a beim CGDIS muss evaluéiert ginn, wat hei nach ka besser lafen, wéi een och an Zesummenaarbecht mat de Gemengen hei nach ka verschidde Prozeduren, déi oflafen, verbessern. An dat gëtt jo och gemaach.

Och en Zitat vun engem Pompjee, nämlech vum Chef vun dem CIS vun lechternach, dat ech lech awer net virenthale wollt - also och vun engem Mann, deen Erfahrung huet. Ech hunn dat heiten och am „Quotidien“ gelies, dee seet: « La population [...] ne sait pas nécessairement que l'eau peut monter à certains endroits. [...] À force d'alertes, les gens n'y prêteront plus l'attention. Il faut trouver un juste milieu, mais c'est difficile. » Also och hei e Mann vum Terrain, dee sech auskennt, dee kloer seet: „Et ass net einfach, dee richteg Balanceakt hei ze fannen.“ An awer heescht dat natierlech net, dass mer net musse kucken, dass déi Warnungen nach besser bei de Leit ukommen, quitte dass et eebe grad net einfach ass, dass d'Leit déi Messagen och richtig verstinn.

An dat ass eigentlech mäi Punkt: Mir mussen an Zukunft déi Risikokultur hei weiderentwéckelen, grad an deenen heiten Zäiten. An ech hunn lech jo gesot, ech mengen, mir wäerten an Zukunft nach vill méi mat esou Naturkatastrophe konfrontéiert sinn. Wéi kréie mer et also hin, dass mer déi richteg Reaktiounen hu fir d'Gemengen? Wéi kréie mer se richteg weider un d'Populatioun, dass déi verschidde Warnungen och richteg ukommen, dass déi verschidden Acteure mat deene Warnungen och eens ginn? Wat fir eng Warnung heescht wat? Wat fir eng Warnung heescht: Ech muss et elo wierklech eescht huelen? Wéini muss ech wat maachen? Wéi muss ech reagéieren? Wéi muss zesumme-geschafft ginn? Wie muss wéini informéiert ginn? Dat sinn alleguerten déi Punkten.

An et geet do och natierlech ëm d'Bewosstsäin vun de Mënschen alleguerte par rapport zu de Katastrophen. An engem aneren Artikel hunn ech gelies, wou sech op eng Studie beruff gëtt, dass dat Bewosstsäin vu Katastrophen no siwe Joer bei de Leit erëm verschwënnt. Dat heescht also och, dass mer domadder alleguerten déi Mechanisme permanent erëm mussen opfrëschen an dass mer regel-méisseg Rappelles brauchen, an dat fir alleguerten d'Acteuren.

Här President, Dir Dammen an Hären, mir waren eigentlech och, wat d'Preventioun ugeet, ganz gutt opgestallt. Wa mer nämlech eis Héichwaasser-kaarte kucken, déi grad eréischt virun zwee Joer, nämlech 2019, frëschgemaach gi sinn, dann huet sech dat eigentlech, wa mer kucken, wat passéiert ass, mat deene Kaarten als relativ richteg erausgestallt. An déi Kaarte konnte jo justement och vun de Rettungsdieneschter um 112 benotzt ginn, fir Prioritéite festzeleeën. Ech wëll guer net wëssen, wat gewiescht wär, wa mer déi doten Héichwaasser-kaarten net gehat hätten!

Mir hunn och Staarkreenkaarten. Grad de Staarkreen ass eppes, wou mer nach vill méi mussen drop oppassen an nächster Zäit, well de Staarkreen, am Géigesaz zu dem normale Reen, och e Risiko an urbaniséierte Raim duerstellt. Net méi nëmme laanscht eng Baach ass et esou, dass mer Héichwaasser kënnen hunn, mee och op ganz villen anere Plazen. Och dat dote si Kaarten, déi een online fënnt, wou jiddweree se kucke kann. Mee ech si mer net sécher, dass déi Informatioun bei jiddwerengem ukomm ass.

Dann hu mer am Moment Diskussiounen ronderëm deen zweeten Héichwaasserrisiko-Management-plang, wou et eebe justement och drëm geet: Wéi informéiere mer d'Bierger, par rapport zu besteende Risiken? Wéi gi mer domat ëm? An do gëtt et am Fong eng ganz Rei Outilen dran, fir d'Gemengen, fir d'Bierger a sou weider. An et geet elo drëm fir ze kucken, wéi mer déi Informatioun bei d'Bierger, bei d'Leit kréien. Wéi kréie mer déi Informatiounen vulgariséiert? Wéi kréie mer den Informatiounsfloss verbessert a sou weider?

Inondations.lu: e Site, wou een och alleguerten déi Héichwaasserinformatiounen drop fënnt. Eng Rei Acteure vum Terrain hu gesot, si hätten d'Gefill gehat, dass déi Informatiounen och net bei de Leit





a bei all den Autoritéiten ukomm wären. Da musse mer dorunner schaffen!

Awer gradesou gutt och sech d’Fro stellen ... Wa mer méi Plazen hunn, wou mer an Zukunft Iwwerschwemmunge wäerten hunn, musse mer eis natierlech och d’Fro stellen: Wéi kréie mer et hin, dass mer net méi iwwerall kënnen bauen? Stéchwuert: Bauen an anescht bauen. Stéchwuert also: Wéi passe mer eis Bautereglementer, eis PAGen a sou weider un, fir och an Zukunft hei méi resilient ze ginn. Wéi komme mer besser virun an engem infrastrukturellen Héichwaasserschutz? Ech schwätzen da vu Renaturierungen a sou weider, en Thema, wat mer dann en Donneschdeg vläicht méi wäerten uschwätzen.

Vläicht awer och nach eng Kéier eppes, fir dat ze ënnermauern: An der Kommissioun gouf kuerz och driwwer geschwat, dass de Gemengesector eebe justement iwwert deen Héichwaasserrisiko-Managementplang informéiert ginn ass. Do gouf et eng Reunioun fir d’Gemengenautoritéiten. Déi war den 12. Juli. An ech hunn dat selwer nach an engem Interview nogelauschtert vun dem Direkter vun der Waasserwirtschaftsverwaltung, deen am Fong an engem Interview gesot huet, dass eigentlech ganz weineng Gemeengeverrieder an där Informationsversammlung waren iwwert den Héichwaasserrisiko-Managementplang.

*(Brouhaha)*

Déi Reunioun war den 12. Juli, also kuerz virun deem Héichwaasser hei! Wat ech domat wëll soen - ech wëll kengem dowéinst e Reproche maachen -, mee ech wëll einfach soen: Kommt, mir si sou éierlech mat eis selwer, dass mer hei müssen dru schaffen, dass mer dat do alleguerte méi eescht huelen!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- An dat op deene verschiddenen Niveauen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

*(Interruption par M. Emile Eicher)*

Jo, dat huet jo guer näischt mat deem ze dinn, wat ech elo gesot hunn.

*(Interruption par M. Emile Eicher)*

Jo, dat ass iwwerhaupt net den Objet. Dat ass guer net dat, wat ech elo gesot hunn. Ech hu jo och elo net lech perséinlech e Reproche gemaach, Här Eicher.

*(Interruption)*

Onofhängeg dovun hätt Der jo och - wann et dann néideg gewiescht wär - net missen dobleiwe warscheinlech. An ech hunn och kee gesinn, dee gesot huet: „Mir müssen elo d’Seance zoumaachen“, oder esou. Ma nee, ech maachen hei kengem e Reproche. Mee da sot ... da verdréit mir d’Wierder wannechge-lift och net!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Ech kommen dann zum Schluss, Här President, Dir Dammen an Hären. Mir haten am Juli eng wirklech extreem Wiedersituatioun, wou et glécklecherweis just e materielle Schued gouf, och wann en héich war!

Ënnert dem Stréch mengen ech, menge mir, mengt meng Fraktioun, dass d’Krisegestioun gutt fonctionéiert huet! Mee natierlech gëtt et hei och nach Verbesserungspotenzial. An et muss een déi richtig Léieren aus där Kris zéien. Prognosen a Warnunge goufe produziéiert. Mir müssen elo kucken, wéi mer déi nach besser un déi Concernéiert weiderkréien, wéi mer de Floss vun den Administratiounen erof bis an de Grand public, vun den Administratiounen an den Experten op d’Acteuren um Terrain, Rettungsdéngschter, Gemengen an esou weider verbessert kréien.

Déi Messagë müssen do ukommen, wou se sollen ukommen an et muss kloer sinn, ween dono wéi reagéiert. Ëmsou méi wichteg ass dat heiten, well mer mat enger Klimakris konfrontéiert sinn, wou mer wëssen, dass där heiten Evenementer an Zukunft méi wäerte kommen!

Eis Modelle waren eigentlech ganz gutt, wa mer déi Kaarten nieftenee leeën. Mee mir müssen natierlech eng ganz Rei Instrumenter nach weider verfeinern, dass mer nach méi prezis do kënnen sinn an déi och notzen am Kader vun der Gestiou vun der Kris als wichtige Outil och vun der Preventioun.

De Risiko vum Héichwaasser ass méi present elo. Mee wat eng Katastroph méi wäit zréckläit, wat se - wéi ech gesot hunn - och ëmmer manner present ass. Dofir musse mer eng Kultur vum Ëmgang mat esou Klimakrise kréien. An hei geet et och net just ëm d’Héichwaasser oder Staarkreen, vun deem ech elo geschwat hunn, mee et geet och ëm d’Dréchant. Et geet och ëm d’Hëtzt. Et geet och ëm d’Stiern. Hei hu mer elo geschwat iwwert Héichwaasser a Staarkreen. Déi nächste Kéier schwätze mer driwwer, dass et während Wochen oder Méint net reent oder dass et dréchen ass.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Politik mat der Angscht.

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- An et geet also drëm, sech ze preparéieren, ...

*(Brouhaha)*

... besser fir d’Zukunft, ...

*(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)*

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Do huet ee sech an de Spiegel gekuckt.

*(Coups de cloche de la présidence)*

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Benoy huet d’Wuert a soss keen.

*(Brouhaha)*

Ee Moment.

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Well eeben, ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Voilà. Här Benoy elo.

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Ech hunn nach eng Minutt an eng hallef. Dat geet.

Voilà, well mir preparéieren eis net just par rapport zur leschter Kris. Mir müssen eis generell fir d’Zukunft preparéieren, well nämlech do nach méi Extremer op eis zoukommen. An dofir musse mer proaktiv denken an handelen an net nëmmen d’Schwaachstelle vun där heiter Kris behiewen.

Dofir ass och de Klimaschutz esou wichteg! Wat mir haut méi am Klimaschutz maachen, wat déi nächst Klimakrise manner extreem ginn. Also net just Adaptatioun, mee och Klimaschutz ass e wichtige Message vun eis a gläichzäitig och d’Stärke vun der Natur. Wa mer nämlech der Natur méi Plaz ginn - Renaturierungen a sou weider -, wat mer déi nächste Kéier och, bei enger Kris wéi där heiter, méi resilient sinn.

An deem Sënn Merci fir d’Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Benoy.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d’Wuert.

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*).- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken erlaabt mer, all deene Merci ze soen, déi de leschte Summer am Juli am Asaz waren, fir der Héichwaasserkatastroph entgéintzewierken a Meeschter ze ginn. Ech denken do un d’Leit vum CGDIS, Police, Arméi, all déi Privatleit, déi riets a lénks do waren. Och privat Entrepreneuren hu gehollef, fir ze raumen an hei an do, déi eenzel Buergermeeschteren, Schäfferéit an esou virun, d’technesch Personal an - dat soll een net vergiessen - och déi, déi um sekundären Niveau am Asaz waren, déi Leit, déi erëm d’Stroumversversuerung hiigestallt hunn. Dat ass emol dat eent.

An da wëll ech dem Här Gilles Roth en häerzleche Merci soe fir déi Interpellatioun vun haut. Dat gëtt eis dann d’Geleeënheet, fir eis mat dëser Saach e bësse méi genoe ze befaassen.

No deenen zwou Katastrophen déi lescht Joren - mir hate jo den Tornado am Raum vu Käerjeng-Péiteng an d’Héichwaasser dëse Summer am Oste vum Land - däerfe mer och net vergiessen, dass mer do virdrun Héichwaasserkatastrophen am Mëller-dall haten. An ech mengen, et wär och un der Zäit fir ze kucken, wat schlecht a wat gutt gelaf ass an der Bewältigung vun all dëse Katastrophen - dëst an aller Objektivitéit an ouni Scholdzouweisungen, well dat bréngt reng guer näischt.

Laut Meteorologen ass et jo leider ze erwaarden, dass esou Phänomeener oder änlecher sech an der Zukunft kéinte widerhuelen, wat mer all net hoffen an och net wënschen. Mee et wär elo un der Zäit, fir no dësen Naturkatastrophen eng Onofhängegkeets-etüd ze maache fir festzustellen, wat gutt, wat schlecht gelaf ass, wat mer kéinte verbessern an eis - an dat ass wichteg - an eenzelne Beräicher vläicht aneschtens opstellen. Et weess ee jo ni, wat esou eng Etüd ka bréngen.

Elo nach ee Wuert zur Situatioun selwer, souwäit no haitegen Erkenntnisser. Wa mer eng Etüd géife kréien, wär et ze begrëissen. Et dängt näischt, wann d’Leit an Zukunft méi sensibiliséiert gi fir méiglech Naturkatastrophen, wa se dann, wann et drop ukënn, net matzäite gewarnt ginn.

Do wär emol fir unzefänken de Warnsystem, dee misst verbessert ginn. Déi eng soen dëst, déi aner soen dat. Mee wat ee muss feststellen: D’Kommunikatioun hat net geklappt a se koun och nach ze spéit! Ganz vill Leit hunn d’Gefor net komme gesinn an et gouf och keng gréisser Kommunikatioun gemaach, fir d’Leit ze warnen.

D’GouvApp oder d’Alarm-App vun der Regierung fir Katastrophefäll, déi 2018 lancéiert gouf, war hei net

just un hir Grenze gestouss. Nee, et wär och nach anscheinend vergiess ginn, d’Leit iwwert dës App ze benoriichten, wéi een an der Press liese konnt - ech zitieren aus dem „Tageblatt“ vum 16. Juli.

Et muss ee feststellen, dass eis éffentlech Fréiwarnsystemer schlecht opgestallt sinn. Eis technologesch Méiglechkeeten zur Opklärung am Virfeld goufen net ausgereizt. Dann hunn zum Beispill eis zéng Wiedersatellitten, laut Ausso vun der Regierung, bei der rezenter Kris keng weider Roll gespillt. Dat geet aus der Äntwert op eng parlamentaresch Fro ervir.

Am Joer 2020 gouf en interministeriellen Aarbechtsgrupp agesat, fir eis Warnsystemer ze iwwerschaffen. Mee den envisagéierten Datum vun 2022 fir esou en technesch iwwerschaubare Projet war ze spéit agesat ginn. Déi bis elo presentéiert Tëscheresultater weise besonnesch, dass mer bei eiser Basistechnologie ganz schlecht opgestallt sinn.

Ënnert deene Mesuren, déi d’Regierung proposéiert, fanne mer zum Beispill Saache wéi Warnungen iwwer Radio an Televisioun, déi menger Meinung no säit Joerzénge missten zur Standardprozedur gehéieren. Schliesslech hate mer déi Technologie schonn an den 90er-Joren, wéi mer ganz vill Iwwerschwemmungen am Land haten.

Dëst jo och nach ëmsou méi, well de Staat mat der gréisster Radios- an Televisiounsantenn eng separat Konventioun ënnerschiwwen hat, fir dës all Joer mat héije Milliounebeträg ze ënnerstëtzen. Da misst et jo awer och bal méiglech sinn, fir dës an enger Krisesituatioun fir vereinfacht Déngschter wéi eng Warnung prioritär kënnen ze mobiliséieren. Dës Feststellung ginn och aus parlamentaresche Froen ervir.

An Däitschland roden d’Kommunikatiounsexperte schonn zanter den 90er-Joren, fir Warnunge per Cell Broadcast - dat ass e Rundsendemechanismus - un d’Leit ze schécken. Et kann ee sech d’Fro stellen, fir-wat dëst zu Lëtzebuerg nach net de Fall war.

Mee mir begrëissen, dass d’Regierung an Zukunft awer op dee Wee wëllt. Ausserdeem wär de Cell Broadcast den Alarm-Apps souguer virzezéien, souwuel wat den Dateschutz ugeet, wéi och wat den Datevolumen ugeet. Dat misst jo méiglech sinn. Well wann een an Däitschland erafiert, kritt een automatesch e Message: „Die Bundesregierung: Willkommen.“ An ech mengen, wann een dat do ka maachen, da kann een et och bei anere Saache maachen.

Aus Däitschland heescht et des Weideren, ech zitieren: „Da die Warnnachrichten pauschal an alle in einer Funkzelle eingewählten Geräte geschickt werden, müssten diese dafür ‚weder adressiert oder anhand ihrer Telefonnummer identifiziert werden‘, heißt es von der Telekom. Datenschutzbedenken könnten somit ausgeräumt werden. Auch aus Sicht von IT-Sicherheitsexperte Atug fallen keine personenbezogenen Daten an: ‚Es ist die datenärmste und damit die empfehlenswerteste Umsetzung einer Warnmeldung.“

Ech mengen, dat géif net nëmmen eleng fir eis eenheemesch Leit gëllen, mee dat gëllt och fir eis Gäsch, eis Touristen. Ech mengen, och un déi solle mer denken, wa mer esou Saachen an d’Welt setzen.

Mee ween iwwert d’App wëllt informéiert sinn, dee soll dës Méiglechkeet och an der Zukunft kënnen notzen, wann dann net vergiess gëtt, se ze aktivéieren.

Natierlech muss d’Warnung vun den Awunner iwwer méi Kanäl gemaach ginn, wéi zum Beispill ënnerschiddlech Internetsitten, Appen, Medien - Radio, Tële - iwwert d’sozial Medien, och iwwer eng SMS an esou weider, fir eng maximal Ofdeckung ze erreechen. Eng ganz wichteg Alternativ, fir d’Bevölkerung an Noutfäll a Krisesituatiounen ze alertéieren, dierfe mer awer net vergiessen an déi hu mer an déi kascht net vill: Dat sinn d’Sireenen als Warnsignal!

Dës Sireene ginn haut jo am Kader vun engem nuklearen Accident aktivéiert oder se dëngen der Alarméierung vun de Pompjeeën am Fall, wou dës iwwert déi regulär Alarméierungsmethod sollten ausfallen. Déi gi jo och nach do derbäi all éischte Méindeg am Mount getest. Et wär sënnavoll, dëse Moyaen an Zukunft méi geziilt anzesetzen, grad och fir déi Leit, déi een net iwwer App oder Handy erreeche kann, egal aus wat fir Grënn och ëmmer.

Duerfir missten dann och am Virfeld - dat ass jo och wichteg - d’Leit opgeklärt ginn iwwert de Sireenenalarm a sou weider, dëst zesummen och mat engem Nuklearalarm, well dat kéint ee jo dann domadder verbannen. Souwäit zum Fréiwarnsystem.

Mee erlaabt mer och e puer Gedanken - dat ass haut net ugeschwat ginn -: Fir mech ass d’Fréiwarnung eng Saach, mee mir müssen och duerno gewappnet sinn, wann déi eenzel Saachen, Katastrophen antreffen. An do misste mer eis dann och Gedanke maachen, dass mer eis do opstellen. Dat wëllt soen, och eenzel Preventiounspläng misste periodesch komplett nei iwwerduecht ginn. Ech denken do zum Beispill u bewäerte Mëttelen, déi

ëmmer gebraucht ginn, egal wat ufällt: Dat sinn Dieselaggregater. Déi verschidden Institutiounen zu Lëtzebuerg verfügen iwwer eng gutt Reserv u mobilen a stationären Aggregater, déi allerdéngs nëmme sou laang kënnen bedriwwen ginn, wéi Diesel do ass, fir se ze bedriewen.

D’ADR ass frou, dass d’Regierung déi wichteg Roll vum Diesel an dëser Fro ausdrécklech unerkennt! Dat geet och aus enger parlamentarescher Fro ervir. Mir warnen duerfir awer, fir alles ze elektriséieren. Dat kéint eis emol viru vill Problemer stellen. Ech denken do un d’Klinicken an ech denken do och un d’Pétrolsreserven, déi mer sollen hunn oder net.

A mir denken och un d’Mobilitéit, well jee no Katastroph kann och an der Mobilitéit dat eent oder dat anert schifgoen. Déi eng si mam Auto ënnerwee fir op d’Aarbecht, déi aner um Wee fir heem, an hin an hier. Am Zweifelsfall kann ee mat sengem Auto nach ëmmer am séiersten eng Auswäichroute huelen, mee am éffentleche Verkéier waren och Schwieregkeeten. D’Chauffere kruten deelweis Uweisungen, fir hir Streck normal ze fuere, wou se scho längst iwwerschwemmt war. An esou Katastrophefäll missten d’Leit aus der Mobilitéitszentral och matabezu ginn an och virbereet ginn. Dat selwecht gëllt fir d’Eisebunn. Et weess ee jo ni, wat geschitt. Ech mengen, et soll een ëmmer méiglechst wäit denken, fir an deem Sënn do breet opgestallt ze sinn.

Och dem CGDIS seng Standuerter missten net nëmmen no Ëmweltkrittäre gekuckt ginn, mee och nom Standuert selwer, wat den Zoufaartswee ubelaangt, dass d’Leit och fortkommen an dass d’Leit, déi do schaffen oder am Asaz sinn, och dohinner kommen.

Mir begrëissen, dass mer zu Lëtzebuerg iwwer eng exzellent Offallwirtschaft verfügen, deenen hir Entrepreneuren am grouse Stil Containeren zur Verfügung gestallt hunn, déi et erlaabt hunn, dem entstanene Sperrmüll effikass Här ze ginn. Duerfir ass et och wichteg an der Zukunft, fir déi privat Acteuren op dësem Maart ze beloossen!

Mir denken och iwwert e festen Hëllefsgong no, fir separat Budgetslinnen ze schafen, deen dann am Fall vun Naturkatastrophen allgemeng kann aktivéiert ginn, ouni dass d’Leit müssen op d’Wuelwëlle vun der Regierung ugewise sinn.

Mir denken och - dat ass fir mech ee ganz wichtige Facteur - un d’Koordinatioun tëschent deene verschiddene staatlechen, gemengepoliteschen a méigleche Privatinstanzen. Ech mengen, alles dat muss zesummegräifen. Soss kréie mer dat ni an de Grëff. Et muss een och wëssen, dass bei esou Katastrophen de Staat net alles ka leeschten! Bei der Ënnerbréngung vu Leit, déi müssen evakuéiert ginn, ass d’Famill, d’Solidaritéit vun der Famill oder an der Famill net ze ersetzen a sou weider. Mir müssen eis fir d’Zukunft op all méiglech Zenarie vun Naturkatastrophe virbereeden, wëssend, dass mer net alles kënnen virgesinn oder programméieren.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engelen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d’Wuert.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Här President, duerch dee ganze Klimawandel, duerch d’Ophëtze vun eiser Äerd wäerte Phänomeener wéi Tornadoen oder och Staarkree méi heftig optrieden.

De Klimawandel ass also och zu Lëtzebuerg ukomm. Naturkatastrophe kënnen och hei virkommen. D’Preventioun an d’Preparatioun do virdru gëtt ëmmer méi wichteg. Mir müssen eis besser opstellen, fir an Zukunft virun esou enger Krisesituatioun gerüst ze sinn. Mir müssen aus deem, wat war, léieren, fir et besser ze maachen.

Datt mir fir déi Krisesituatioun am Juli vun dësem Joer net onbedéngt genuch gerüst waren, beleeeën déi verschidde Rapporten an Auditen iwwert d’Gestiou vun den Iwwerschwemmungen. Et goufe virun allem Problemer mat de Virwarnungen an der Aschtätzung vum Risiko. D’Situatioun gouf ganz kloer vun der UFA ënnerschat, d’Warnmessagë sinn net matzäiten un d’Leit komm an d’Leit woussten net richtig, wéi se sech misste verhalten.

Et ass vill ze spéit an ze vill selektiv gewarnt ginn. De CGDIS huet seng Zentercheften informéiert a kuerz duerno d’Buergermeeschteren, déi awer duerch de System, deen ugewannt gëtt, dës Messages net zäitgläich kritt hunn. Verschiddener hunn de Message eréischt iwwer 40 Minutte méi spéit kritt wéi aner. En plus muss ee wëssen, dass déi Buergermeeschteren, déi net mat Héichwaasserwarnunge gewinnt sinn, dës Message, duerch seng Formulierung, och net als esou dréngend empfonnt hunn. Dës Message war also eventuell net kloer genuch formuliert.

Dat geet aus verschiddene Quellen ervir, wéi d’Nott vun der Regierung iwwert d’Gestion de crise, eng Rei parlamentaresch Froen a verschidden Artikelen an Interventiounen an der Press vu Meteorologen a Klimatologen a verschidden Acteuren vun der Cellule de crise.





Här President, datt de fréizäitege Virwarnsystem net klappt hei am Land, kann een och schonn um Tornado vum 9. August 2019 festmaachen. Och do waren d'Virzeechen do, op alle Fall laut dem Wëssenschaftsmagazinn „Weather and Forecasting“, verëf-fentlecht vun der American Meteorological Society. Am Artikel stoung wuertwärtlech: „Die potentielle Wahrscheinlichkeit eines Tornados in gewissen Teilen Nordfrankreichs, Ostbelgiens und Luxemburg ist hoch gewesen. Die Radarbilder zeigen klassische Merkmale einer Tornosuperzelle.“

Zu deem Zäitpunkt, wou den Tornado schonn a verschiddeenen Uertschafte siichtbar war, stoungen nach Leit op der Strooss ze filmen. Busser si weidergefuert, Famillje si mam Auto akafe gefuert. An et war eng immens Chance, datt net nach méi mënschlecht Leed deemools geschitt ass. Mir sinn eigentlech zweemol zimmlech glimpflech ewech-komm mat just materiellem Schued. Dofir kommt mir stellen eis elo mol déi richtig Froen, fir datt mer virukommen, an datt mer bei enger nächster Katastroph besser gerüst sinn.

Wat gëtt et bis elo vu Warnsystemer hei zu Lëtze-buerg? Déi allgemeng Warnungen un d'Bevëlkerung sinn op vill ze vill eesäitege Weeër gemaach ginn an och net an deene verschiddeene Sproochen, déi am Land vehikuléieren. Déi ganz Kommunikatioun mat der Populatioun ass jo haaptsächlech digital gelaft, wat sécherlech eng ganz Rei Leit ausschléisst. Et ginn dozou Appe gebraucht, zum Beispill GouvAlert, de Radio muss gelauschtert ginn, Internetsitte mussen opgeruff ginn, zum Beispill inondations.lu, Social Media mussen abonéiert sinn an et muss een och eemol eens domadder ginn. De CGDIS mécht Posts op Facebook, déi awer just an der Moyenne 146 mol partagéiert ginn. De CGDIS huet eng 19.000 Follower. Wann déi all erreecht gi wieren, wiere mer awer nach net op der sécherer Säit ukomm.

Déi digital Dispositiffe berouen op fragillen Infrastrukturen. De CTIE huet zum Beispill vergiess, e Certificat fir d'Datenofsécherung ze erneieren, an dofir koom de Message vu GouvAlert net recht-zäiteg eraus an deelweis och net un. Virun zwou Woche war de ganze Facebook-System fir sechs Stonne weltwäit ofgestierzt. Wat wier, wann dat deemools an der Noutsituatioun geschitt wier? Wann en Tornado d'Antenne vun der Post ewechrappt, da kann och kee méi um Handy Notifikatioun kreien. Deem muss einfach fir d'Zukunft Rechnung gedroe ginn. An dobäi mussen dann och aner Moyene fonnt ginn, fir d'Leit ze warnen.

Et misst een och derfir suergen, datt d'Leit, déi vun digitale Kommunikatiounsmittelen ausgeschloss sinn aus verschiddeene Grënn - schlechte Reseau, keen Handy, kee Computer, keen Internet, keng Kenntniss, fir mat digitale Mëttelen ëmzegoen, wéi déi eeler Generatioun -, dat kënne bei engem spezielle Service da vun hirer Gemeng eventuell mellen, deen dann Informatiounen an Donnéeën vun deene Leit sammelt an opgrond vun deenen da ka gekuckt ginn, wat dee beschte Wee wier, fir zum Beispill dës Leit ze erreechen.

Broschüre missten ausgeschafft ginn, wou am Detail gekläert gëtt, wéi an enger Noutsituatioun d'Leit Bescheed gesot kréien, wéi si sech solle verhalten a wou si kënne higoen, am beschten um kierzeste Wee, fir sech a Sécherheet ze bréngen. Esou eng Broschür misst un all Haushalt goen an zwar a méi Sproochen.

Här President, eng vun deene wichtigste Konklusiounen ass sécher, sech logistescher besser opzestelle fir d'Zukunft. Wat fir Mëttelen hu mir, fir eng Evakuéierung ze organiséieren - CGDIS, Arméi, Abrisen, fir d'Leit sécher ënnerdaach ze bréngen? Et misst esou eng Aart Inventaire gemaach ginn, wann dat dann nach net geschitt ass, da misst gekuckt ginn, wat dréngend nach eventuell weider muss ugeschaaft ginn. Hei misst a kéint d'Arméi eng ganz wichteg a weesentlech Roll spillen esouwuel an der Logistik wéi och an der Krisenhëllef.

Da misst och an all Gemeng gekuckt ginn, wat fir Infrastrukturen et iwwerhaupt gëtt, fir Leit virun Naturkatastrophen a Sécherheet ze bréngen. D'Gemenge missten dann och e Plan d'accès fir hir Residenten ausschaffen, dat heescht, pro Quartier déi nooste Plaz ugin, wou sech d'Leit kënnen a Schutz bréngen, ouni op ëffentlech Transportmëttelen oder den Auto ugewisen ze sinn.

Fir sech dësen neien Erausforderungen ze stellen, misst d'Regierung vläicht och de Krisestaf iwwerdenken an eventuell renforcéieren. Dernieft wier eng onofhängeg Entitéit als Consultance och immens wichtig.

Dernieft sinn Investissementer an der Fuerschung zu Klimafroen a Wiederphenomeener sécher méi wéi néideg.

Dës Umierkunge sinn absolutt keng Scholdzouweisungen, mee et solle Léiere sinn aus deem, wat geschitt ass, an déi sollen doraus gezu ginn, fir sech einfach besser zesummenzestellen. A wat sech méi Käpp zesummeschlëssen, wat een och méi Iddien a Léisunge fënn.

Här President, et muss ee sech bewosst sinn, datt esou Saachen an Zukunft méi oft wäerte virkommen. Dat ass net méi ze verhënneren. Mee wie bezitt fir dëse Schued, deen doduerch entsteet? „De Staat ass keen Assureur“, sot de Premierminister e puer Deeg no den Iwwerschwemmungen. D'Fro ass awer, ob dat richtig esou ass, besonnesch wann ëffentlech Stellen d'Leit net richtig warnen.

Méi fundamental freet ee sech awer och, awëifern Ëmweltschied net schonn zu de Liewensrisiken oder Aleas gehéieren, déi bestëmmte Leit a Gebidder besonnesch treffen an anerer eebe manner. Esou Risike mussen solidaresch ofgeséichert ginn. Et kann een d'Leit do net privaten Assureuren iwwerloossen, well och dat jo eng Fro vu sozialer Gerechtgeet ass. Net jidderee ka sech ëmfänglech géint esou Risike privat versécheren! Dat gëtt enorm deier.

Mir hunn haut mat der Sécurité sociale e System, dee Liewensrisike vum Einzelnen ofséichert iwwer e solidaresche System vu Bäitrag, an dat iwwer Generatiounen ewech. Eng zentral Fro ass fir eis, wéi een d'Risike vun der Klimaverännerung an aneren Ëmweltkrisen, déi ganz staark sozial an och generationell Dimensiounen hunn, och solidaresch a verlësslech kann ofsécheren.

Nach ee Wuert zulescht: Wa mir net wëllen, datt de Klimawandel sech nach weider verschlëmmert, ass et un der Zäit, sech grondsätzlech Froen ze stellen: Wéi gëtt produzéiert? Wéi gëtt transportéiert? An: Wéi gëtt konsuméiert? Souwuel global, awer och hei zu Lëtzebuerg. An ass dat nach alles weider esou vertriebar? Wéi komme mir fort vun dësem Modell? Hei misst d'Regierung sech Äntwerte ginn an ewech vun deem Modell, an deem mir elo sinn. Mir brauchen en absolutt anere System. An ech mengen, dovun si mer nach ganz, ganz wäit ewech.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner, dee steet scho prett: Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Och merci un de Gilles Roth, dass mer haut dëst Thema och en public kënnen diskutéieren. Nodeems mer et dann an de Kommissiounen schonn eng Kéier haten a sécherlech net déi eenzel Parteien alleguerten enger Meenung waren, dofir ass et wichteg, dass mer et och eng Kéier en public kënnen diskutéieren.

Merci och alleguerten de Leit um Terrain, ob dat de CGDIS, d'Police, d'Arméi, den Zivill ass, also jidder-engem, dee gehollef huet, e grouss Merci. A si hunn eeben dat gemaach, wat d'Politik hinnen erméiglecht huet.

An do komme mer da schonn op déi nächst Punkten. Ech wäert mech haut virun allem op d'Technik konzentréieren, well ech muss jo och éierlech soen, ganz villes war ganz gutt organiséiert! Also, dat muss een och soen. Alleguerten eis Leit, och an de Ministère, hunn zu deem Moment dat Bescht gemaach, wat méiglech war. An dofir begrenzen ech mech op d'Technik, well dat ass eeben de politesche Volet, deen net fonctionéiert huet. An do gëtt et eeben och déi eenzel politesch Responsabilitéiten.

Fänke mer mat Facebook un. Ech hat dat an der Kommissioun och ugekënnegt. Ech huelen un, haut wäert Der dann e puer Äntwerten dozou hunn. An zwar, wou ech mech gewonnert hunn, dass just um CGDIS-Facebook dat Ganz gedeelt ginn ass, fir d'Leit ze warnen, esou wéi et am Rapport steet; wat mech e bëssen erschreckt huet. All Bildchen, wou iergendwou e Bändchen durchgeschnidde gëtt oder iergendeng Firma besicht gëtt, ass direkt op Facebook, an esou e wichtegen Alarm hunn d'Ministère ënner sech net gedeelt. Dat fannen ech e bësse kritesch.

Mee ech fannen et awer och gutt, dass an deem Rapport steet, dass Der lech eng nei Strategie wëllt ginn, fir eebe méi ze deelen. Mee et kann net sinn, dass ee sech just op d'Like-Page vun engem CGDIS oder engem Twitteraccount verlësst, wann een ... Huele mer elo de Premierminister himself, deen awer déi meeschte Likes huet, a wann een déi Reechwäit hätt kënne benotzen deen Dag selwer, fir esou eng Alarmmeldung weiderzeginn, hätt ee sécherlech méi Leit erreecht wéi reng um CGDIS-Site.

Dat selwecht war och mat de Pressekonferenzen. Ech war an de Kommissiounen, an deenen zwou, ech hu scho gesot, dass ech et schued fannen, dass keng Pressekonferenz nach den Owend selwer aberuff ginn ass, fir de Leit eng Kéier mat Nodrock ze soen, wat kënnt. Well fir esou villes gëtt eng Pressekonferenz aberuff, och ganz spontan. Wann een iergendwou erëm e Brëif den zweeten Dag am Tirang fënn, da gëtt op eemol erëm eng Pressekonferenz aberuff. Firwat dann net an esou enger Krisesituatioun wéi där heiten? Also, dat wär wierklech néideg gewiescht, fir de Leit eng Kéier mat Nodrock ze soen, wat um Spill steet.

Dann déi ominéis SMS un d'Buergermeeschteren. Jo, et kann een iwwert den Text elo schwätzen,

dass deen net verständlech war, dass do eppes Schlëmmes kënnt. Mee wat mech méi opgereegt huet, ass déi Verzögerung dertëscht. A wéi mer an der Kommissioun jo driwwer geschwat hunn, huet dat warscheinlech dozou gefouert, dass Buergermeeschtere 45 Minutte méi spët eréischt déi SMS kruten.

Dat heescht, de Staat huet hei warscheinlech - do kann de Premier als Digitalminister eis sécherlech herno eng Äntwert ginn - e System benotzt, wou d'SMSen emol fir d'éischt iwwer e Server lafen an duerno verschéckt ginn. Wat awer an engem Fall ... Huele mer elo, ben, ech hoffen, et wäert ni geschéien, mee wa Cattenom en Accident huet, an d'Buergermeeschtere mussen 45 Minutten op eng SMS warden, nodeems se fortgeschéckt ginn ass, wuelverstanen, dass déi net live fonctionéiert, well de Staat e System gewielt huet mat SMSen, deen net schnell iwwerdréit, dann hu mer e ganz anere Problem.

Dofir wär et och gutt, wann de Staat géif op e System goen, deen déi SMSen live iwwerdréit, déi de CGDIS verschéckt, an net géif warden, bis déi Serveren dat maachen, well dat ass ganz kritesch am Noutfall.

Dann dee schlëmmste Feeler, dat war GouvAlert, 2018 grouss ugekënnegt fir Krisen. Ech hu mer extra nach eng Kéier den Text erausgesicht, wat Der do alles esou schéi gesot hutt: „Warmeldungen bei schwerwiegenden Zwischenfällen“, „Benachrichtigungen an [...] Smartphone im Falle einer Notfallsituation“ an esou weider, wéi Der dat esou schéin ugekënnegt hutt.

Sou, elo steet awer am Rapport - an ech ka jo Ärem eegene Rapport gleewen, wat do drasteet -, dass Der net kapabel waart, fir dee System um Lafen ze halen! Dat ass e bësse wéi wann Der Pompejescamionen hutt, wann Héichwaasser ass, an Dir hutt keen Diesel kaaft. Fir et eng Kéier kuerz ze erklären: An deem Rapport steet ganz kloer, dass Dir e Certificat, dee GouvAlert brauch, fir ze fonctionéieren, net erneiert hutt. An dat net e puer Stonne virun, mee Dir schreift et selwer: „quelques jours“.

An ech hat der Ministesch déi Fro scho gestallt an der Kommissioun, wat dann elo „quelques jours“ ass: eng Woch, zwou Wochen oder nach méi? Ech hoffen, mir kréien awer haut eng Äntwert dorop. Well et ka jo awer net sinn, dass Der eng GouvAlert grouss ukënnegt, an den Dag, wou se gebraucht gëtt, fonctionéiert se net!

An dat net fir iergendwéi eng Excuse ze fannen, mee huele mer elo zum Beispill am „Tageblatt“. Déi haten den Artikel jo opgegraff iwwert déi ganz GouvAlert-Geschicht. Do seet dann den Dennis Fink, Spriecher vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg: „Dass dies bei der GouvAlert-App nicht gemacht wurde“ - also de Certificat verlängert -, „konne er nicht verstehen, und es stelle sich die Frage nach einer Teilschuld. Hier kann man schon davon reden, dass das als grob fahrlässig einzuschätzen ist.“

An déi Meenung deelen ech! Wa mir eng GouvAlert-App hunn, kann et net sinn, dass dës Regierung vergiess huet, e Certificat - dat muss ee sech emol virstellen! Also all Informatiker laacht doriwwer -, e Certificat, wou herno, ech mengen, d'Ministesch kann et herno soen, et sinn 20.000 Leit, déi op GouvAlert abonéiert sinn, hätte kënne gewart ginn. Et huet awer net fonctionéiert, well Dir e Certificat, en informatesche Certificat net verlängert hutt! Dat ass grob farlāsseg an do huet de Chaos Computer Club sécherlech Recht gehat.

Fir d'Zukunft hoffen ech jo, dass Der doraus géliert hutt an déi App och wäert bäibehalen. Well déi App huet net nëmmen d'Funktoun, wann eng schlëmm Wiederkatastroph ass, mee - wéi Der jo och scho matkritt hutt, et war en Artikel an de Medien, dee ganz positiv ass - et konnt enger Fra d'Liewe gerett ginn, well se GouvAlert um Handy hat an esou den 112 konnt rufen an hir Koordinate konnten direkt matgedeelt ginn. Dat heescht, et ass net nëmmen, fir d'Leit ze warnen, mee et geet och deen anere Wee. Dofir si mir Piraten ganz kloer derfir, dass eng digital Léisung bleift, fir an den Noutfall och esou kënnen de Staat ze informéieren.

Da komme mer zu den Hëllef vum Staat. Ech hunn do mäi Bauch wéi, well ech den Tornado matgemaach hunn an ech weess, wéi laang dass d'Leit do gewaart hunn op déi Hëllef vum Staat. Ech hunn och direkt déi Woch an der Kommissioun no dem Héichwaasser gefrot wéi et dann elo ass mam Stand, wéi d'Leit ausbezuelt ginn. Gutt, dass do nach nâischt bekannt war, verstinn ech.

Déi lescht Kommissioun war elo virun dräi Wochen - och nach keng Äntwert! Mee ech hoffe jo awer, dass Der haut eng Äntwert matbruecht hutt fir d'Leit dobaussen, wéi et dann elo mam Ausbezuelen ass vun deenen Hëlfe, vun deenen 100 Milliounen, wou Der gesot hutt. Et ass schéin a gutt, dat an der Press unzekënnegen, mee et sinn awer scho Leit, déi hunn eis geschriwwen, dass dat guer net esou einfach ass an dass déi Leit e bësse warde gelooss ginn.

An Dir kënnt lech jo virstellen: Wann Äert Haus ënner Waasser stoung an Der dann an engem Héichwaassergebitt sidd, wou Är Assurance herno net vill bezitt, dass Der keng Zäit hutt fir ze warden - scho guer net wann elo de Wanter kënnt. Also, et sinn ëmmer méi Leit, déi eis doriwwer schreiwen, dass och déi Hëllef vum Staat nach net ausbezuelt gi sinn. Mee Dir kënnt eis jo sécherlech herno e puer Informatiounen doriwwer ginn.

Alles, wat ech elo zur Technik gesot hunn, hoffen ech jo, dass Der dat wäert mathuele fir déi nächst Katastroph, dass do awer da GouvAlert an alleguerten déi aner Systemer, dass d'SMSen endlech emol a real time ukommen, fir dat ze verbesseren.

Ee wichtige Punkt ass awer och de Cell Broadcast. Mir haten do jo direkt déi Question parlementaire gestallt. Dir hutt och positiv geäntwert. Et ass awer elo schonn iwwer dräi Méint hier. An ech kann einfach net verstoen, wa mer wëssen „de Wanter kënnt an et kënne weider Katastrophe kommen“, firwat dass dës Regierung dee System net mat méi Nodrock asetzt. Well et ass elo net, dass dat esou komplizéiert wär.

Just, fir lech dat eng Kéier kuerz ze soen: Cell Broadcast fonctionéiert esou, dass déi Handyen an där Funkzell, wou et grad ass - jiddereen hei ass grad an der Funkzell vun engem Operateur, wou e Client ass -, da géifen déi SMS mat der Warnung geschéckt kréien. Dat ass also nâischt Schwieriges. Dat ass einfach e klenge Kontrakt mat deenen dräi Operateuren. An da leeft dat.

Ech verstinn net, dass mer elo no dräi Méint, wou all Dag dee Risiko besteet, a mir hu jo fir dës Woch erëm schlecht Wieder ugekënnegt kritt, an dës Regierung dee System nach ëmmer net lafen huet. Dofir wëll ech haut vun der Ministesch nach eng Kéier héieren, wéini dann elo dee Cell Broadcast do wäert fonctionéieren. An net erëm iergendeng Ausso „an e puer Méint“ oder esou, mee emol eng Kéier konkret, wou dee Stand ass. Well eis Leit brauchen dat. Wann déi nächst Katastroph kënnt, mussen d'Leit gewart ginn!

Dat sinn déi eenzel kleng Feeler, déi mussen opgeschafft ginn. Mat esou enger Opschaffung kann een natierlech herno, wann esou Situatiounen nach eng Kéier antrieden, och vill besser reagéieren. Dofir ënnerstëtze mir och déi Motioun, fir eng onofhängeg Etüd ze maachen, fir dass ee kann extern eng Kéier kucke loosse. Well wann een intern elo nach eng Kéier kuckt ... An Dir schreift an där anerer Motioun, Dir iwwerleet eng Kéier, Dir gitt eng Kéier an lech, Dir kuckt eng Kéier, wat do kéint geschitt sinn. Ech weess net, ob dat dat Bescht ass.

Dat Bescht wär wierklech, an och gäre mat Techniker an Informatiker zesummen, dass een eng Kéier kuckt, wou déi technesch Feeler waren, fir awer dat opzeschaffen. Well et sti jo awer trotzdem Liewen um Spill. A mir kënnen net, wa mer et net opschaffen, weiderhi mat där Technik fonctionéieren, déi dann eeben herno, wann den Noutfall antrëtt, net fonctionéiert. Dofir: fir net nach eng Kéier an esou eng penibel Situatioun ze kommen.

Merci.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

#### Prises de position du Gouvernement

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Här President, onst Land war de 14. Juli mat enger Wiedersituatioun konfrontéiert, wéi mer se bis d'hinneer och net kannt hunn. No den Iwwerschwemmungen am Ernzdall an am Mëllerdall, souwéi dem Tornado, deen och elo just virun zitéiert ginn ass, hu mir an deene leschte fënnf Joer véier grouss Naturkatastrophe gehat.

Wann ee vu Joerhonnertflute geschwat huet, vu Joerhonnertkatastrophen - an ech hunn et eréischt d'lescht Woch gesot an et ass haut nach ëmmer wouer -, si se einfach ze heefeg, fir dovunner ze schwätzen. Dat heescht, et war net déi éischt Naturkatastroph, déi mer an dëser Regierung haten, an ech muss lech soen: Et wäert och net déi lescht sinn. Dofir mussen mer ons och domadder beschäftegen, well de Klimawandel ass eng Realitéit. An dat gesi mer och am Alldag.

Mir mussen eis eeben och op d'Konsequenze besser virbereeden. An ech muss lech soen, dass et awer bal un e Wonner grenzt, wann ee kuckt, dass mer hei keng Affer haten, a wann ee kuckt, wat hei just iwwert der Grenz och geschitt ass. Erlaabt mer, dass ech awer och dofir den Asaz vun all de Rettungsdéngschter hei wierklech ervirhiewen. Wa mer keng hunn, dann ass dat och hire Verdéngscht!

Mee dat soll eis awer eng Warnung sinn! Also, mir dierfen ons net ausrouen a mir mussen och weider un der Effikassitéit vun eiser Krisegestioun zesumme schaffen. Dofir hu mir direkt, Här President, als Regierung, no den Iwwerschwemmungen





d’Krisegestioun opgeschafft an déi Elementer justement och identifizéiert, wou mir ons nach verbessere kënnen - an net nëmme kënnen, mee och mussen!

Dee gemeinsame Rapport - an ech muss lech soen, dat ass och virdu vum honorabelen Här Biancalana zitéiert ginn - ass gemaach ginn: vun der Police, vun der Arméi, vun der Administration de la gestion de l’eau, vun de Bâtiment-publicken, vum HCPN, vum Ministère de l’Intérieur, vun der Ëmwelt. Ech trauen deene Leit! Ech trauen deene Beamten, Här President, déi dee Rapport och gemaach hunn. Ech sinn och ganz frou, dass den Här Biancalana a senger Motioun proposéiert, dass och iwwert déi Proposition, déi ausgeschafft gëtt, sollt debatiéiert ginn, se presentéiert ginn. A selbstverständlech ass d’Chamber ëmmer souverän, duerno déi Decisioun ze huelen, déi se fir richtig fënnt.

Mee bei eis hu mer zu Lëtzebuerg Pläng. An déi Pläng gesinn eebe vir, wat och eeben all Acteur ze maachen huet. Dat ass fir eis eeben och wichtig. Si definéieren d’Roll vun deem engen a vun deem aneren. Déi leeën och fest, wéi eng Organer d’Aschätzung vum Risiko da maachen.

An dem konkrete Fall vum 14. Juli, Här President, wor eemol d’Risikoaeschätzung vun de Reensituatiounen duerch MeteoLux an och eemol duerch d’Héichwaasserprevisiounen duerch d’Waasserwirtschaftsamt, déi presentéiert ginn ass. Et ass op deem Niveau, wou de Risiko matzäit - matzäit! - muss entdeckt an eeben och ageschat ginn, wann de Risiko sech dann och awer entdecke léisst!

De 14. Juli war dat ganz schwéier. D’Intensitéit vum Staarkreen an d’Klamme vun de Peegele war an deem Mooss net viruszegesinn. An erlaabt mer och nach eng Kéier, elo den honorabelen Här Benoy ze zitéieren, deen och seet, dass e concernéierte Buergermeeschter, wéi de Buergermeeschter vun lechternach, selwer seet: „Et war net previsibel!“ An haut eng Scholdzouweisung, seet e jo tëschent den Zeilen an deem doten Artikel, ass net dat Opportuunst, well hei war eng Violence, eng Quantitéit vu Waasser, déi gefall ass, déi kee konnt virusgesinn! An dowéinst soll ee keng Politique politique maachen. Dat ass am Fong de Fazit vun deem, wat de Buergermeeschter vun der CSV vun lechternach och seet.

A während laanger Zäit, Här President, hunn och MeteoLux an d’Waasserwirtschaftsamt just eebe vun enger gieler an duerno enger oranger Alert geschwat. Eréischt bei enger roudere Alert gëtt den HCPN, also den Haut-Commissaire à la protection nationale, och aktiv, fir mat de jeeweilegen Administratiounen eeben och ze kucken, ob d’Necessitéit ginn ass, vun enger nationaler Krisenzell bero den ze ginn oder net.

Wichtig ass an deem Kontext och ze bemerken, dass eng Warnung um orangen Niveau net direkt en aussergewöhnleche Virgang ass! Esou ass zum Beispill tëschent dem Februar 2020 an dem Februar 2021 am Ganze sechsmol dësen Niveau vum Service de prévision des crues weinst engem Héichwaasserrisiko ausgeruff ginn. Sechsmol!

MeteoLux huet sengersäits an deem selwechten Zäitraum siwemol eng Alerte orange weinst Wiederphenomeener ausginn. Dat heescht, et huet ee vun den Orateure virdu gesot: Dann hätte mer siwemol - wann ech op deen engen oder deen aneren heibannen gelauschert hätt - missen d’Leit evakuéieren an am Fong de Leit soen: „Hei, et kënn!“

De 14. Juli ass um 17.00 Auer de rouden Niveau iwwerschrott ginn. Den HCPN war och am enksten Austausch mam CGDIS an dem Waasserwirtschaftsamt. A genau um 22.00 Auer huet de CGDIS den HCPN informéiert, dass d’Situatioun sech um Terrain an eng Richtung och géif entwéckelen, déi si net méi aleng géife packen, soudass d’Konditiounen eeben och vun enger nationaler Kris erfüllt waren an de Staatsminister - dat heescht, ech selwer - decidéiert huet, eeben och eng Krisenzell anzeberufen. Jo.

Ech wëll och do der Madamm Bofferding als Innenminister Merci soen, déi direkt bereet war, och déi Présidence vun där Krisenzell ze iwwerhuelen an am Ganze fënnf Reuniounen - fënnf Reuniounen, déi tëschent dem 14. Juli an dem 19. Juli stattfonnt hunn - eeben um Mëtternuecht och presidéiert huet an d’Press direkt den Dag drop moies informéiert huet.

Ech ginn elo net weider an den Detail, obwuel et hei och ganz vill ze soe géif. D’Regierung huet de Rapport, an ech hunn och vu menge Regierungskollegen all déi Detailler gezielt kritt - an, ech mengen, déi eng oder déi aner Ministesch wäert och duerno drop agoen -, iwwer Saachen, déi hei gefrot ginn, déi awer schonn an der Kommissioun beäntwert gi sinn. Saachen, déi an de Pläng stinn!

Wann ech hei gefrot ginn: „Wie këmmert sech ëm dat? Wie këmmert sech ëm dat?“ Déi Pläng sinn ëffentlech! Déi Pläng sinn disponibel! Dat heescht, wann d’Chamber och déi ganz Informatiounen wëllt: Déi Dokumenter stinn zur Verfügung! Et brauch keen eis unzesichen, fir hei Dokumenter ze kréien. Déi dote si selbstverständlech disponibel fir all

Deputéierten heibannen: souwuel vun der Majoritéit wéi vun der Opposition. Dat heescht, wann Der déi sicht, da wäert Der se och fannen. Mir stelle se awer selbstverständlech zur Verfügung, wann ee se gären hätt, oder se och net fënnt. Mee se sinn ëffentlech zougänglech.

Et ass mer just wichtig ze betounen, dass d’Regierung duerchaus och selbstkritesch mat hirer Krisegestioun ëmgeet. De Rapport huet nämlech erginn, dass virun allem um Niveau vun der Kommunikatioun nach esou munches och ka verbessert ginn: souwuel d’Kommunikatioun mat de Gemenge wéi och d’Kommunikatioun mat de Bierger.

Ech sinn och ganz frou iwwert déi kloer Recommandatiounen, déi hei gemaach gi sinn an déi de Regierungsrot och ugeholl huet! Dat heescht, et si Recommandatiounen, déi vu Servicier komm sinn, déi dat op eng neutral Aart a Weis gemaach hunn. Déi gesot hunn: „Hei do an do an do kéint verbessert ginn.“

Ech hunn d’Gefill, wéi wann déi Propositionen bal en doute gestallt géife gi vun deem engen a vun deem aneren heibannen. Ech trauen de Beamten, muss ech lech soen, déi déi heite Propositione gemaach hunn. Ech trauen der Arméi! Ech trauen der Police! Ech trauen dem HCPN! Ech trauen dem CGDIS! Ech trauen deene Servicier, déi deen Dag geschafft hunn an déi d’Situatioun och am beschte kannnt hunn an déi dee Rapport och gemaach hunn.

Ech hunn d’Gefill, wéi wann hei verschidde Leit schonn hir Propositionen oder hire Rapport géifen a Fro stellen. Ech muss lech soen, dass dat net dat ass, wat ech als Regierungschef iwwer meng Beamten op jidde Fall wëll soen. Ech wëll hinnen, au contraire, Merci soe fir alles, wat se gemaach hunn!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État.** - Jo, Här President, mir wäerten d’Kommunikatioun mat de Bierger verbessern. Mir mussen se verbessern an hei besonnesch d’Medien, awer och d’Gemenge besser matabezéien. Mir wäerten och déi nei Technologien, op déi just den honorabelen Här Goergen agaangen ass, déi vun dem Cell Broadcast, notzen. An d’Madamm Bofferding huet och schonn, mengen ech, do an der Kommissioun Informatiounen ginn.

Jo, mir hannerfroen och d’GouvAlert-App. Also déi App, déi aus ganz ënnerschiddleche Grënn net hire gewünschten Zweck erfüllt huet an dëser Situatioun.

Éischtens net, well net genuch Leit dës App erofgelueden hunn. Et ass och e Constat, dass net genuch Leit déi App downgeload hunn. Awer och, well mënschlech an technesch Feeler dozou gefouert hunn, dass och déi Leit, déi sech op d’App verlooos hunn, am Fong net matzäit gewarnt goufen. Et ass eng extern Firma, déi sech ëm déi technesch Wartung vun der App bekëmmert huet. An déi huet vergiess, och den Zertifikat ze verlängeren. Dir wësst, dass do e ganzen ... Ech sinn transparent. Dat ass eeben och geschitt. Mir hu mat där Gesellschaft geschwat, dass dat och selbstverständlech net méi géif goen.

Här President, d’Verwaltungen hunn an der Krisenzell gutt matenee geschafft. D’Prioritéit sinn och richtig definéiert gi vun deene Leit, déi do geschafft hunn. Wann d’Waasser bis klëmmt, kënnen mir dëser Naturgewalt ganz schwéier eppes entgéintsetzen. Dat ass och eng Situatioun ... Mee déi Leit, déi hu musse gerett ginn, si gerett sinn. Déi Leit, déi hu mussen evakuéiert ginn, sinn evakuéiert ginn. Et ware ganz vill Beamte vun deene verschidene Verwaltungen och um Terrain aktiv, fir do, wou et méiglech war, och d’Schied a Grenzen ze halen an do, wou et néideg war, eeben d’Schied och zesumme kënnen ze behiwen.

Mir hunn als Regierung séier en Hëllefspak vu mëttlerweil 100 Milliounen Euro decidéiert, fir de Leit an de Betriber ënnert d’Äerm ze gräifen, déi eeben och e finanzielle Schued erlidden hunn. D’Assurancen hunn hirersäits och iwwer 125 Milliounen u 6.300 Affer ausbezuelt.

Ech géif lech just proposéieren, wann Der averstane sidd, Här President, well den Här Goergen mer prezis Froe gestallt huet iwwert d’Opstellung, dass ech och an deenen nächsten Deeg dem Här Goergen eng Nott géif zoukomme loosse, wou ech eeben déi lescht Zuelen - well ech hunn elo déi lescht Zuelen haut net hei - iwwer wat bis elo ausbezuelt ginn ass, opféieren.

Ech wëll, Här President, ofschléissend soen, dass ech d’Chance hat, och mat der Inneministesch, déi responsabel ass vum CGDIS, deene Leit, ob dat d’Arméi ass, ob dat och d’Membere vum CGDIS sinn, kënnen Merci ze soen, déi sur place waren. Déi Membere, déi eng gewëssen Erfahrung awer schonn hunn an deem Milieu, déi och an Däitschland present waren, déi do hëllef gaange sinn. An net méi spët wéi gëschter huet d’Bundeskanzlerin eis Merci gesot, eiem Lëtzeburger Land, eiem Corps fir déi Hëllef, déi se dohanne bruecht hunn. Wéi gesot: de CGDIS, d’Rout Kräiz an och ons Arméi.

Dat waren ons Ambassadeure sur place. Et war heiansdo déi éischt Hëllef, déi souguer d’Leit sur place och kritt hunn. An ech wëll stellvertriedend fir déi, déi gëschter vläicht an Däitschland Merci gesot kritt hunn, all deene Leit Merci soen, déi hei wierklech en Élan de solidarité bewisen hunn, wou een deem anere gehollef huet, wou een deem aneren, deen en net kannt huet, an eng aner Gemeng souguer hëllef gaangen ass, wou ee mat deem aneren Noper, mat deem e vläicht virdu Sträit hat, d’Friddenspäif gefëmmt huet an deen Dag een deem aneren och gehollef huet. Et wor eng Solidaritéit, wou ech houfreg sinn, Lëtzeburger Premier ze sinn! Well wann et drëms geet, hale mir zesummen. An dat ass d’Stärkt vun onsem Land.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel. An de Relais fir d’Regierung iwwerhëlt elo d’Madamm Inneministesch Taina Bofferding.

■ **Mme Taina Bofferding, Ministre de l’Intérieur.** - Här President, ech gräifen dat op, wat de Premier elo grad gesot huet an och aner Virriedner, dass mer an deene leschte Méint, an deene leschte Joren ëmmer erëm mat neien Erausfuerderunge konfrontéiert sinn: Bësch-, Vegetationsbränn, Groussbrand bis zum Tornado, an da kierzlech elo d’Pandemie an d’Héichwaasser.

Vill Privatstéit an och Betriber hunn enorme materielle Schued erlidden. Eenzel Schicksaler huet et ganz haart getraff. An awer muss ee soen: Esou Fäll wéi am Ausland, wou carrement ganz Dierfer ewechgerappt goufen, där Fäll hate mer net.

Wichtig war et awer, de Leit, déi an enger akuter Nout waren, esou séier wéi méiglech ze hëllefen a si eeben a Sécherheet ze bréngen. Eis Prioritéiten an der Cellule de crise waren: éischtens d’Bevölkerung ze protegéieren, zweetens Blesséierter ze verhënneren an drëttens preventiv Aktiounen ze huelen, fir eeben och Schued ze limitéieren, ganz besonnesch, wat eeben d’Grondversuergung an och de Stroum betrëfft.

Déi national Koordination mat alle staatlechen Acteuren huet fonctionéiert. Virun allem huet et eis jo erméiglecht, permanent en lwwerbléck vun där ganzer Situatioun hei am Land ze hunn. Heifir wëll ech och alle Persounen, allen Hänn, déi matgehollef hunn, eng Kéier e grouse Merci soen, ganz besonnesch natierlech dem CGDIS, deenen Haaptamtlechen, awer net ze vergiessen och deene ville Fraen a Männer, déi sech eebe fräiwëlleg engagéiere fir d’Gesellschaft, déi och hei ganz aktiv um Terrain waren.

Awer och d’Buergermeeschteren, d’Buergermeeschteschen, d’Gemengen hunn hir Verantwortung iwwerholl. Hinnen dofir och nach eng Kéier e ganz grouse Merci, dass se och esou gutt zesumme geschafft hunn, dass mer konnten do matenee schaffen. Dofir, och hei ass et wichtig, dass och déi Solidaritéit tëschent de Gemenge war. Dat begreissen ech ausdrécklech! Do ass ganz vill ënnerenee gehollef ginn. Do si Gemengen, déi spontan Aarbechter vu sech dee Moment an Nopeschgemenge geschéckt hunn, fir do eng Hand mat unzepaken. An ech mengen, dat weist och déi Stärkt, déi mer an esou Momenter hunn.

Ech selwer war owes respektiv iwwert d’Nuecht am direkte Kontakt mat deene Buergermeeschteren aus deene Gemengen, déi ganz besonnesch staark betraff waren. Et war mer wichtig, eeben hei de Kontakt mat hinnen ze halen an eeben och kënnen séier pragmatesch Léisungen ze fannen.

An och eng Woch duerno sinn ech nach eng Kéier op den Terrain gaangen, an zwar mat menger ganzer Ekip vum der Sécurité civile, fir eeben och kënnen deene concernéierte Gemengen nozelauschteren, fir ze wëssen: Wat sinn d’Problemer? Wat ass vläicht och net esou gutt gelaf? Wat kann een draus léieren? Wat kann een déi nächste Kéier aneschtens maachen? Och dat war mer wichtig, fir hei den direkte Kontakt mat hinnen ze hunn an och ze kucken, wou mer als Staat nach kënnen weiderhëllefen, fir dass se esou séier wéi méiglech an d’Normalitéit zrëckkommen.

Et ass also festzehalen, dass Persounen, déi a Gefor ware respektiv och a Liewensgefor, konnte matzäite gerett ginn. Ganz vill Evakuatiounen hu stattfonnt. Do war eng grouss Solidaritéit, e kollektiven Effort. Et gouf keng Schwéierblesséiert. D’Ekippen aus de jeeweilege Verwaltungen ware séier an och ganz vill am Asaz.

An natierlech, an, ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, esou, jo, schlëmm Momenter, esou negativ Momenter soll een och notzen an deem Sënn, dass ee kuckt: Wat fir Léiere kënnen mer doraus zéien? Wéi kënnen mer eis besser opstelle fir déi nächst Kris, wou mer net wëssen, wéini se kënn, mee wou mer awer wëssen, dass mer nach méi mat esou Erausfuerderunge konfrontéiert sinn? Wat kënnen mer do besser maachen?

Ee Punkt, dee ganz wichtig ass, an deen ass jo och vu verschidene Virriedner schonn ugeschwat ginn, ass, wéini a wéi mat de lokalen Autoritéiten an Zukunft soll kommuniquéiert ginn. Zum Beispill, wann e Krisepang gezu gëtt, sollen déi lokal Autoritéiten, déi virun allem da concernéiert sinn, d’office kontaktéiert ginn. Ech mengen, dat ass eppes, wat een an Zukunft richtig esou kann zrëckbehalen.

Erfuerderlech ass och, an dat ass jo och elo e puermol scho komm, wann dann eng SMS erausgeet, wann d’Gemengen, d’Buergermeeschteren, d’Buergermeeschteschen an d’Prealerte gesat ginn, da wësse mer, dass dat net direkt esou verstane ginn ass, wéi mer eis dat geduecht haten. Dat, mengen ech, ass och ee Punkt, wou mer mussen dru schaf fen, wou ee muss kucken: Wat bedeit dat, wann eng Gemeng an d’Prealerte gesat gëtt? An eeben och ze kucken, dass dann och dee Message esou kloer ass, dass en och direkt vu jidderengem verstane gëtt. Dat ass, wéi gesot, fir mech definitiv eng Léier, déi mer doraus zéien.

An dann natierlech awer och d’Opklärung: Wann déi verschidden Zenarie sech stellen, wat bedeit och déi eng oder aner Alert? Wa mer an enger Vigilance rouge sinn, wat bedeit dat och an deenen eenzelne Krisepäng? Et ass ze einfach, do ze soen: „Gitt op de Site Infocrise kucken!“ Dat ass richtig. Ech mengen och, dass dat Element hei wichtig ass, matafléissen ze loosse, wéi mer kënnen hei déi direkt Kommunikatioun mat de Concernéierte verbessern.

Eng Remark awer nach zur Rolleverdeelung tëschent de Buergermeeschteren an dem CGDIS, well dat jo och vum Interpellant ugefouert ginn ass. Ben, d’Rolleverdeelung ass u sech am Gesetz festgeschriwwen. An ech mengen, den Dan Biancalana hat schonn drop reagiert, dass et niewent dem Artikel 1 vum Gesetz och derwärt ass, nach aner Artikel vum Gesetz ze kucken - notamment den Artikel 71 an 72. Do geet ganz kloer draus ervir, dass spéitens ab deem Zäitpunkt, wou e Krisepang declenchéiert gëtt, dee Moment de CGDIS am Asaz vum Staat ass.

D’Méiglechkeet, dass d’Buergermeeschtere kënnen de CGDIS requisitionéieren, war, mengen ech, och deemools beim Gesetz eng Forderung, déi hei vun der Chamber komm ass. Dofir gouf jo och am Gesetz festgehalen, wéi hei déi Krittäre sinn, respektiv huet all Gemeng respektiv de Buergermeeschter déi Méiglechkeet gehat, dee Moment op de CGDIS zrëckzegräifen, soulaang eeben nach net de Krisepang declenchéiert war.

Déi dote Punkte goufen de Gemengen och an enger Circulaire virun enger Zäit matgedeelt. Et ass awer ee Punkt, deen och elo vun de Gemengen am Kader vum PNOS - déi Gemengen, déi eis en Avis eraginn hunn - opgeworf ginn ass. Dofir ass dat och e Verbesserungsvorschlag, deen ech vun de Gemengen opgegraff hunn, fir eeben am PNOS nach eng Kéier déi Rolleverdeelung méi kloer duerstellen, fir dass et dee Moment och méi verstane gëtt, fir dëst ze prezisiieren.

E weidere Beräich, dee mer kloer mussen optimiséieren an op deen och schonn eng Rëtsch Leit agaange sinn, dat ass de Volet vun der Alert vun der Populatioun. Do hu mer an der Regierung, an dat scho virun den Héichwaasser, ugefaangen, un engem grondleeënde System ze schaffen. Dozou hu mer jo och scho ganz vill Prezisiounen an deene ganz ville Question-parlementaire ginn.

Wichtig ass awer, dass mer e System hunn, deen net méi op deen indirekte Kanal setzt. Dat ass nämlech dat, wat Lëtzebuerg an der Vergaangenheet gemaach huet. Mir hu systematesch iwwer indirekt Kanäl, dat heescht iwwer Medien, iwwert d’Press, Internetsitten, informéiert. D’Aféierung vun der GouvAlert-App war deen éischte Schrëtt. Bon, mir wëssen och elo, wou d’Grenze sinn. Wichtig ass, dass mer awer méi breet kommuniquéieren an dass mer aner Systemer hunn, déi eis dann, wa mer an esou enger Noutsituatioun sinn, net verlooosen.

Aus deenen Erfarungen, déi mer elo mat der GouvAlert-App hunn an och mat deenen neie legalen Dispositionen - well do gëtt et och eng Direktiv, déi eis verpflichtet, esou Systemer ëmzesetzen -, wësse mer eeben elo, dass mer wëllen an déi Richtung vun deem SMS- an och deem Cell-Broadcast-System goen. Et ass e System, dee jo och scho vu verschidene Leit hei ugeschwat ginn ass, well en einfach erlaabt, méi Leit ze errechen. D’Leit mussen net méi eng App eroflueden. Dat, mengen ech, ass ee grouse Virdeel. An et erlaabt eeben och Leit, déi elo net hei wunnen, an dat ass virun och gesot ginn, déi eriwierkommen - ech denken un d’Frontalieren, un d’Visiteuren -, dee Moment och ze erreecht.

Dat leeft zu deem Moment an engem Grupp. Do ass och schonn e Cahier des charges ausgeschafft ginn. Dofir, Här Goergen, ech kann lech berouegen: Dat leeft! Mir drécken do schonn op de Gas. Mir mussen eis natierlech do elo un déi Etappen halen. Mir sinn och do a Kontakt mat den Operateuren, déi eis allerdéngs gesot hunn: „Dat ass net esou einfach, dass mer dat muer ëmgesat kréien.“ Mir hunn eis awer do jo och den Timing ginn, fir dat am Laf vum nächste Joer ze maachen. Ech kom-





men och ganz gären, wa mer do méi prett sinn, eng Kéier an d'Kommissioun, fir dat esou kënnen ze presentéieren.

Dat ass den digitale Volet. Dozou wëll ech awer och soen, dass et wichteg ass, dass mer och iwwert déi traditionell Kommunikatiounsweeër nodenken. Och dat ass vu Verschiddenen hei scho gesot ginn.

D'Sireenen - dat ass interessant. Firwat net? Et setzt natierlech viraus, dass mer d'Leit och informéieren: „Wat bedeit dat, wann eng Sireen geet?“ Well wann elo d'Sireen einfach géif goen an der Nuecht, mengen ech, géife mer och ganz vill Leit a Panik versetzen. Dofir ass et wichteg: All déi aner Kommunikatiounsweeër, déi mer sichen, dass mer och d'Leit sensibiliséieren an och informéieren. Mee firwat net?

Dat kéint eng Pist sinn. Genausou wéi mer och kucken, dass mer kënnen d'Pannoen op den Autobunne matabannen, op de Bus- an Tramsstationen. Ech mengen, alles, wat kéint dee Moment vun Notze sinn, soll mat consideréiert ginn, genau sou wéi och eis Strategie fir Social Media. Dass et wichteg ass, dass mer herno ee globale Message hunn, dee vu ville Leit gedeelt gëtt. An dat muss séier goen. Dat muss einfach goen. An dat muss och verständlech sinn.

Do si mer natierlech och séier bei der Fro: A wéi ville Sprooche wëlle mer dat maachen? An natierlech och deen Optrag, dee mer eis och als Regierung ginn hunn, wa mer kommuniquéieren, dat och a „leichter Sprache“ ze maachen. Leit, déi sech vläicht e bësse méi schwéierdinn, fir direkt Mesagen ze verstoen, och déi, mengen ech, dierfe mer an deem Ganzen net vergiessen. Mee Dir gesitt, dass mer do amgaange sinn, drun ze schaffen. An, wéi gesot, am Laf vum nächste Joer solle mer do da fäerdeg sinn.

Ee Stéchwuert wëll ech awer nach nennen: d'Resilienz. An d'Ëmweltministesch schenkt mer bestëmmt nach zwou Minutten, well schonn e puermol iwwert d'Resilienz geschwat ginn ass. An, ech mengen, dass et och ganz wichteg ass, dass mer eis als Gesellschaft op deene verschiddenen Niveauen eeben esou opstellen, dass mer esou preparéiert sinn, fir kënnen adequat ze reagéieren an dann, wann e Schued, wann eng Katastroph, eng Kris ass, och dës méiglech geréng kënne halen an eis dann déi nächste Kéier nach doraus kënne verbesseren.

D'Alerte à la population hunn ech schonn ugeschwat.

Da wëll ech awer och nach eng Kéier op de PNOS agoen. Well dat ass awer dat Instrument, wat mer eis elo wëlle ginn, dat d'Richtung ugëtt, an déi de CGDIS sech soll entwéckelen, mat deem ganze Rekrutement, mat all deene Leit, déi geplangt ginn anzustellen. De PNOS ass jo den Inventaire vun deene Risiken. Et ass och wichteg, dass ech dat elo gläich da ka mat an d'Regierung huelen.

Da verweisen ech awer och nach op déi national Plattform, fir d'Reduktioun vun de Katastropherisiken. Firwat erwänen ech dat? Ma justement, well mer do en Aarbechtsgrupp dran hunn, deen heescht „Resilient Gemengen“. A mir wëllen do eeben déi Plattform schafen, dass ee ka vun deene verschiddene Katastrophen, déi waren, wéi eebe vum Tornado ware jo elo haaptsächlech zwou Gemenge beträff, mee dass een eeben och aus deenen Erfahrung ka profitéieren, dass een en Austausch tëschent de Gemenge kann hunn a sech eeben dee Moment och op esou Lessons Learned a Best Practices ka baséieren.

Dëst gesot, profitéieren ech just dovunner, e klengen Appell ze maachen, well hei jo eng Rëtsch vu Buergermeeschteren, Buergermeeschtesche sëtzen. Vun deene Gemengen, déi invitéiert goufen, hu sech der elo knapp ee Fënneftel gemellt. Et wär flott, wann nach méi Gemenge géife kommen, fir dass mir eeben och hei kënne d'Diskussioun weiderféieren. Ech mengen, et ass eebe wichteg, och hei déi Diskussioun an de Gemengen ze hunn, wéi mer eeben d'Gemengen och an Zukunft, grad och elo an der Pandemie, nach méi resilient kënne opstellen.

Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, der Madamm Inneministesch Taina Bofferding. Ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Carole Dieschbourg.

■ **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.** - Jo. Villmools merci, Här President. Erlaabt mer och als Éischt eng Kéier deenen, déi och de Premier an d'Inneministesch elo just scho genannt hunn, all deenen, déi gehollef hunn, dës Kris ze bewältegen, awer och all deenen, déi sech zanter Joren asetze fir méi Preventioun am Déngscht vun der Gesellschaft, awer och an deenen eenzelnen Administratiounen e grouss Merci ze soen.

A vläicht och virop vu menger Säit: Och mir waren no deenen Ereegnesser geziilt och nach eng Kéier bei

Gemengen, déi beträff woren, a sinn amgaangen ze kucken, wéi mer d'Dynamik kënne méi héichhuelen, fir dass mer de Gemengen och selwer ënnert d'Äerm gräifen, dass si vun deene Moyene Gebrauch maachen, fir bei sech eng Etüd ze lancéieren a bei sech dann och méiglech ze maachen, dass d'Gemengen net nëmmen déi Etüden zu 100 % iwwert de Waasserfong bezuelt kréien - dat hu mer am Waassergesetz 2017 geännert an eropgesat d'ailleurs, gëllt? -, mee dass se domadder och zum Beispill hir eege Konzepter maachen a Privatleit eligibel ginn, fir Verschiddenes ëmsetzen. Här Roth, dat war eng vun Äre Froen.

Jo, et war eng aussergewöhnlech meteorologesch Situatioun de 14. an de 15. Juli. A wat awer, mengen ech, mer hei gesinn, dat ass, dass déi Kaarten, déi zu Lëtzebuerg bestinn, d'Héichwaasserskaarten - déi sinn 2019 an d'Prozedur gaangen, d'Héichwaasserrisiko-Managementpläng, wou mer jo och de Staarkreen dramaachen an d'Staarkreenkaarten, wou mer um nationale Plang och Kaarten erstallt hunn -, déi si richteg gewiescht a se sinn eng gutt Aarbechtsbasis a virun allem e ganz wichtige Outil an der Gestiou vun der Kris, fir dass mer wëssen: Wou sinn dann d'Risiken? Wiwill Mënsche sinn a Gefor? A wéi kréie mer dat beschtméiglech gemaach, dass wierklech keen zu Schued kënnt an esou mann ewéi méiglech Gidder beschiedegt ginn? De Volet Preventioun ass deen, op deen ech elo wierklech wëll am meeschten a mengem Deel agoen.

Ech hunn elo just schonn op d'verännert Situatioun higewisen. Volet Preventioun, do fällt engem direkt eng Measure phare an, déi och an eise Mesurékatalog ass - dat si jo 243 Mesuren, déi an engem grouss Katalog si beim Héichwaasserrisiko-Managementpläng -, do ass eng Mesure, déi sécherlecherausstécht, well se och kann héich subventionéiert ginn. De Staat ënnerstëtzt Renaturéierungen, also dann, wa mir eng Win-win-Situatioun schafen, fir de Bierger an de Gemengen en Héichwaasserschutz garantéieren ze kënne plus och eng besser Qualitéit vun de Gewässer, dann ënnerstëtze mir dat. An dat maache mir och bis zu 100 %. A mir hunn eeben och d'Aidë fir deen aneren techneschen Héichwaasserschutz eropgesat an deem leschte Waassergesetz vun 2017, soudass mer haut awer besser placéiert sinn - ech mengen, dat beäntwert e bëssen och dem Här Roth seng Fro - wéi nach virun e puer Joren. A mer hoffen natierlech, dass mer elo déi grouss Renaturéierungen, wou mer zanter Joren dru schaffen - fir d'Uelzecht-Renaturéierung hu mer versicht, do d'Gemenge mat an d'Boot ze kréien -, an och anerer, déi mer schonn annoncéiert hunn, elo wierklech kënne konkret mat allen Acteuren ugoen. An ech mengen, do kréie mer nach eng Kéier en Donneschdeg Zäit, fir drop anzegoen.

Da wëll ech och, well ech gesinn, dass ech net méi éiweg Zäit hunn, dem Max Hahn an och dem François Benoy Merci soen, dass si dat e bësse richt geréckelt hunn, well eis Leit hei am Land, vun der Previsioun vun de Cruen, déi ware méi schnell wéi den europäesche System. Et kum eng ganz vag a vill manner héich Warnung vun deem europäeschen EFAS-System. Dofir loossen ech déi Kritik och net gäre gëllen.

Natierlech dierf ee keen Amalgamm maachen tëschent Meteowarnungen an deem, wéi mer d'Leit musse virum Héichwaasser an de Gewässer mat konkrete Pegelstänn warnen. An och do gëtt et en Internetsite, inondations.lu, wou reegelméisseg alles gemellt gëtt an un déi eenzel Stelle weidergeleet gëtt an och un d'Press weidergeleet gëtt. Dat heescht, do kënnen d'Leit kucken: Wou si mer drun? Mee et gëtt och weidergeleet.

Dofir, mengen ech, ass dat eppes, wat mer net elo stoppen, wou mer och mussen d'Analys maachen: Wéi kréie mer d'Leit eeben nach besser sensibiliséiert? An och dat gouf vu méi Leit gesot. Awer och eis ass et wichteg, zum Beispill iwwer pegel.lu (veuillez lire: iwwer „Meine Pegel“), dat ass en däitsche Moyen, do gëtt et eng App, do si mer amgaangen ..., a mir hoffen, dass mer ab 2022 - dat hu mer net eréischt elo ugefaangen - mat den europäeschen Nopeschlänner do eng flott App kréien, wou mer nach méi Leit errechen. Den Här Hahn hat déi Fro gestallt. Also, do ware mer scho virun dësen Héichwaassersituatiounen amgaange mat de Kontakter mat den Nopeschlänner. Well Dir wësst, den Héichwaasserschutz, och dee klasseschen am Wanter - an hei hate mer eng Combine vun deenen zwee -, dee maache mer natierlech och ëmmer mat den Nopeschlänner a mat de Regionnen derbäi.

Da vläicht eng Kéier dee Volet, deen den Här Roth gesot hat: d'Etüd. Ma wann een de belsche Kolleg, den Här Henry zitëiert, da muss een och soen, wat e mécht. E kuckt a sech seng Waasserstroossen a seng Barragen, dat, wat bei eis an der Virbereedung fir eis Kaarten och alles scho gekuckt ginn ass. D'ailleurs, eng Waasserstrooss, déi gekuckt ginn ass, dat war bei eis d'Musel. Och déi war an d'Phase de vigilance scho ganz fréi gesat ginn. Mee et ass kloer: Mir hunn 2016 an 2018 no de Staarkreenevenementer awer béidsäiteg ëmmer gesot: „Mir analyséieren dat.“ Et ass allkéiers

gekuckt ginn: Wat kënnt dobäi eraus? An dat wäerte mer och dës Kéier maachen, fir dass all Erkenntnisser an all Elementer, déi mer hunn, an eis Pläng, déi mir als Regierung hunn, natierlech kënne matafléissen. An dofir, mengen ech, braucht Derlech do wierklech keng Suergen ze maachen, well mir hu wierklech eng stabill Aarbechtsbasis, wou immens vill Informatiounen haut dra sinn. A mir si permanent amgaangen, déi ze verbesseren.

A vun dohier, Här Roth, wann een do genau kuckt, wat si kucken, da si mir scho méi wäit an eiser Analys wéi dat, wat do gemaach soll ginn. Mee nichtsdestotrotz wëll ech trotzdem soen, dass mir och elo schonn amgaange sinn - ech selwer war och op d'Gemengen - fir ze kucken: Wou hake Saachen? Wou si mer net weiderkomm, zum Beispill mat Projete vu Renaturéierungen? Wou kënne mer de Gemengen ënnert d'Äerm gräifen, fir dass mer eebe grad déi Kultur, wéi mer e Risiko abschätzen, Sensibiliséierung ronderëm d'Theema Héichwaasser, Staarkreen, wat jo wierklech ganz wichteg ass, wierklech geziilt weiderdreien?

An domadder soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren. An voilà, wann nach Froe sinn, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung Merci. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

**Motions**

Da kéime mer nach just zum Vott respektiv der Diskussioun vun deenen zwou Motiounen.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Här Gilles Roth deposéiert ginn ass. Wëllt nach een dozou d'Wuert ergräifen? Den Här Dan Biancalana.

■ **M. Dan Biancalana (LSAP).** - Merci, Här President. Jo, effektiv, d'Motioun, déi vum Här Roth hei am Numm vun der Oppositioun deposéiert gouf, reit sech an an déi Suite logique vun hirer Demande, fir eng Étude indépendante externe maachen ze loossen. D'Oppositioun bleift sech also an hirer Logik trei. Déi Logik ass awer net déi vun der Majoritéit.

Ech mengen, wat de Contenu ugeet, do si jo eng ganz Rei Elementer, déi si schonn am Rapport, dee mer an der Commission jointe diskutéiert hunn, an déi een och an eiser Motioun, déi d'Majoritéit deposéiert huet, jo kann erëmfannen. Éischt Resultater leien, wéi gesot, vir. An ech mengen, et sinn och sechs Piste skizzéiert ginn, un deenen effektiv ka weidergeschafft ginn. An et ass jo och d'Engagement, fir effektiv hei an d'Chamber zrëckzekommen an och de Mengesecteur matanzebannen. An an där Logik, mengen ech, ass hei am Fong d'Propos, dës Motioun deementspriedend ofzeleenen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Biancalana. Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, Här President, villmools merci. Ech wëilt, ier ech op d'Motioun kommen, fir d'éischt e bëssen zrëckkommen op dat, wat den Här Staatsminister gesot huet. En huet e puermol gesot: „Ech traue menge Beamten. Ech traue deene Verwaltungen.“ Jo, dat maache mer alleguer! Mee e Beamten, dee kann eppes net, e kann net soen: „Mäi Minister huet net dat gemaach, wat en hätt sollen!“ Dat schreift kee Beamten. Jo, mir traue de Beamten. A mir wëssen och, wou d'Grenze si vun deem, wat e Beamte ka soen an dierf soen.

An dee groussen Ënnerscheed tëschent deenen zwou Motiounen, eiser hei - an ech soen dem Här Gilles Roth Merci, datt e se presentéiert huet - an där vun de Koalitionsparteien, dat ass einfach deen heiten: Mir schwätze vun der Responsabilitéit vun der Regierung, an an Ärem Text kënnt dat iwwerhaupt net vir! De Principe de la responsabilité ministérielle, deen awer eng Regierung soll ausmaachen, dee kennt déi Koalitioun hei net - hei net an an aneren Dossieren net!

A wann hei bei deenen Naturkatastrophe Saache geschitt sinn, déi net riichtgelaf sinn, da gëtt et eng Verantwortung vun de Ministeren. Mee Dir wëllt näischt dovun héieren. Dofir ass eisen Text hei - an ech soen dem Här Roth nach eng Kéier Merci - dee richtegen, well en u sech an eng Krisensituatioun freet: Wou war dann d'Regierung? Wat ass dann d'Responsabilitéit? Natierlech musse mer mat allen Acteure schwätzen, op allen Niveauen, Gemengenniveau an hei an do, wéi Dir an Ärer Resolution schreift. Mee dat zentraalt Element an enger Kris: Wien huet d'Verantwortung? Wat mécht d'Regierung? Dat felt bei lech.

An dofir stëmme mir selbstverständlech dem Här Roth seng, déi mer hei zesumme mat him presentéiert hunn, an net Är. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Kartheiser. D'Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Jo. Also, ech weess net, wat hei gefaart gëtt, well wa jo jiddwer

een alles richteg gemaach huet, da kënne mer d'Motioun 1 ganz gutt alleguer stëmme, souwuel d'Majoritéit wéi och d'ganz Oppositioun! Well dann huet jo keen eppes ze fäerten. An et geet jo hei och net drëms, datt ee kengem traut, mee et kann een och emol vläicht betribsblann sinn, et kann ee vläicht nei Iddien, nei Erfarunge vun auswäertege Leit kréien, déi net intern befaange sinn, wéi een dat elo sou ka soen. Et werft een einfach e Bléck vu baussen drop, mat vläicht, wéi gesot, Bemierkungen, un déi ee guer net geduecht huet. Dat huet näischt mat trauen ze dinn.

Ech weess net, firwat dës Regierung sech ëmmer esou schwéierdeet, wa mir hei eppes froen, wat extern ass. Mir haten dat mam Waringo-Rapport. Do hu mir eis hei missen duerchsetzen. A wat huet dee bewisen? Deen huet jo bewisen, datt do awer Saachen un d'Liicht komm sinn, déi een nach hätt kënne vläicht méi verdéiwen. Mee et si Saachen un d'Liicht komm, an et sinn och Saache verbessert ginn. Dat huet jo awer näischt mat Scholdzouweisungen ze dinn. Also, ech weess wierklech net, firwat sech hei esou schwéiergedo gëtt mat esou enger Motioun, wou näischt derhannert ass, wa jo alles richteg gelaf ass. Et ass just en ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - ... externe Bléck drop, dee vläicht nach Iddie mat erabréngt, un déi vläicht emol kee geduecht huet. Ech verstinn dat einfach net!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Cecchetti. An da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV), interpellateur.** - Ech soen deene Leit, dem Här Kartheiser an der Madamm Cecchetti, Merci fir déi Ënnerstëtzung. Ech gesinn, si ass och vun de Piraten do. Hei geet et, wéi d'Madamm Cecchetti richteg gesot huet, jo net ëm Scholdzouweisungen, mee et geet drëm, fir vun engem externen Audit gekuckt ze kréien: Wat ass richteg gelaf, wat ass net richteg gelaf um Niveau vun de Warnungen? Ech mengen, et si jo hei eng Rei vu Fakten op den Dësch komm. Et muss ee kucken, ob een dat ka verbesseren, de Fonctionnement vu Servicer, de Fonctionnement vu GouvAlert, de Fonctionnement vun SMS-Déngschter, fir d'Leit an d'Populatioun ze avertéieren. Dat schéngt mer awer wichteg ze sinn.

Den zweete Punkt, wou et awer Lacunne gëtt, ass deen: Et weess keen esou richteg, wat d'Missioun ass vun enger Gemeng a wat d'Missioun ass vun dem CGDIS a wéi déi Zesummenaarbecht verbessert ka ginn. Dat schéngt mir awer eppes ze sinn, wat ee vu bausse kucke léisst.

An deen drëtten Punkt ass deen: Mee et kann een da gegebenefalls déi Gesetzesdispositiounen, déi 2018 an enger relativer Urgence gestëmmt goufen - dat hat nach musse gestëmmt gi virun de Chamberwälen -, objektiv kucken. Mee wann een natierlech dat alles refuséiert ..., y compris d'ailleurs de System vun den Indemnisationen, et ass jo dat, wat d'Leit finalement interesséiert! Et misst een och vläicht eng Kéier d'Vuë kucken, also en Échange de vues mat den Assureuren, wou se kënnen intervenéieren, wou hir Limitte sinn, wat dat bedeit fir déi gesamt Fonge vun den Assurancen a wou de Staat kann oder soll zousätzlech intervenéieren, an a wat fir enger Envergure, an ob en och déi néideg ...

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Dat heescht, Dir spillt Assureur.

■ **Une voix.** - Nee.

■ **M. Gilles Roth (CSV), interpellateur.** - Nee.

■ **M. Michel Wolter (CSV).** - Du verstees zwar wierklech guer näischt.

■ **Une voix.** - Nee.

■ **M. Michel Wolter (CSV).** - Oder du wëlls et net verstoen!

■ **M. Gilles Roth (CSV), interpellateur.** - Här Staatsminister, ech soen lech ganz éierlech: Ech mengen, dass Leit, déi an enger Zone inondable wunnen, wou do d'Assurancé limitéiert sinn, opgrond vun de Kontrakter, bei 20.000 Euro, da soen ech lech, dass vill Leit deen zousätzlech Schued, dee se hunn, net kënnen opbréngen! An ech mengen, dat ass zumindest och an enger Chamber en Debat wierdeg. An dat sollt och vun engem Externe gepréift ginn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV), interpellateur.** - An och déi Fro - do hunn ech keng Äntwert drop héieren! -, wann elo gesot gëtt: „Mir deenen déi Zone-inonablen aus!“ Do kënne jo Leit sinn, déi fréier hiert Haus net an enger Zone inondable stoen haten, déi bis elo d'Méiglechkeet hätten, bis 200.000 Euro kënne entschidedegt ze gi maximum, an déi dann indirekt op 20.000 Euro limitéiert ginn. Dir wësst och, dass schonn eleng fir eng Etüd oder eng Expertis vun engem Haus, fir feststellen, wat de reelle Schued ass, et net mat 1.000 Euro duergeet. An ech fannen, an deem Sënn hätt ee kënnen dat extern belichten. Do wier kengem en Zack aus der Kroun gefall. Mee





ech gesinn, hei spillt erëm déi berüümte Logik 31 géint 29. Da musst Dir dat maachen. Mir huelen dat zur Kenntnis. A mir wëllen och, ...

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV), interpellateur.**- ... dass dës Motioun zur Ofstëmmung kënn. Mir si méi konstruktiv, well mir soen, dass an Ärer Motioun Usätz sinn, déi gutt sinn, mee déi ëmfaassen net dat Ganzt. An duerfir wäert d'CSV-Fraktioun sech bei Ärer Motioun dann net an déi Logik 31 géint 29 do stellen, mee mir soen: „Mir enthalen eis do.“ Mir soen: Dat ass e gudden Usaz, et geet an déi richtig Richtung, mee mat deem Rapport externe indëpendant wier déi Missioun méi wäit gaangen am Interesse vun allen Acteuren.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Roth. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo. Merci, Här President. Bon, als Éischt emol, ech verstinn dat Sech géint-extern-Rapporte-wiere wierklech net méi. Wann d'Oppositioun ee freet, heescht et: „Nee.“, „Op kee Fall!“, „Wou géife mer hikommen, wa mer eppes extern géife préiwe loosse? Mir hu jo all d'Capacités, fir et ze maachen.“ An da lauschten ech d'Ried zur Lag vun der Natioun, wou de Premierminister eis ganz hougereg hei seet, datt mer d'Covidkris géifen extern kucke loosse. D'Ges-tioun vun der Covidkris soll also elo souguer vun der OECD gekuckt ginn! Net vun engem Rapporteur hei zu Lëtzebuerg, net vun iergendengem Auditeur, mee tatsächlech direkt vun der OECD! Fir dann och an enger Peerreview ze kucken, ob mer do gutt sinn, ob mer schlecht waren, wéi mer eis dann do positionéieren.

Dat heescht, extern Evaluatioun si gutt, wann d'Regierung fënn, datt se sech do wëllt préiwe loosse. Se fanne se manner gutt, wann et dann ëm d'Pisa-

Resultater, och vun der OECD, geet. A si sinn net gutt, wann d'Oppositioun se freet. Dat ass eng Logik, déi reng parteipolitesch gedriwwen ass an net am Interêt vun der Saach. Dofir mengen ech, datt et wichteg wär, déi Motioun hei ze stëmmen. Ech kann lech awer och elo scho soen: D'Piraten wäerten déi zwou Motiounen haut stëmmen, well et geet eis drëm, datt eppes geschitt! Et geet eis net drëm, Scholdzouweisungen ze maachen. An ech mengen och net, datt déi éischt Motioun iergendeng Scholdzouweisung beinhalt. Et geet wierklech drëm, datt ee sech extern evaluéiere léisst; eppes, wat d'Regierung jo do, wou et hinne passt, selwer fuerdert a mécht, an do, wou d'Oppositioun et proposéiert, einfach mat enger Hand ewechwëscht. Ech fannen dat schued. Ech verstinn dat net. Mir denken net an där Logik. Dofir stëmmen mir déi zwou mat.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

Et ass keng weider Wuertmeldung méi do, soudatt mer kënnen zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 1 kommen.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmmen fänkt un.

Duerno de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss. D'Motioun Nummer 1 ass mat 28 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 29 voix pour et 31 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Octavie Modert), Paul Galles (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies,*

*Georges Mischo (par M. Gilles Roth), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Stéphanie Empain), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

**Motion 2**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Dat ass déi Motioun, déi vum Här Dan Biancalana deposéiert ass ginn. Wëllt nach een dozou d'Wuert ergräifen? Dat ass net de Fall.

Da kënnen mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 2 kommen.

**Vote sur la motion 2**

D'Ofstëmmen fänkt un.

De Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss. D'Motioun Nummer 2 ass mat 33 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmme an 22 Abstentiounen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : la motion est adoptée par 33 voix pour, 4 voix contre et 23 abstentions.*

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Stéphanie Empain), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Gilles Roth), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm.

D'Chamber kënn muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen. D'Sitzung ass opgehewen.

**(La séance publique est levée à 19.09 heures.)**

Mercredi 20 octobre 2021



## SÉANCE 07

Édition spéciale sur la proposition de révision de la Constitution n° 7575 concernant la Justice, cf. Annexe au compte rendu des séances publiques n° 15 - Session ordinaire 2020-2021



## SÉANCE 08

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

Jeudi 21 octobre 2021

### Sommaire

#### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

#### 2. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet de l'avenir du centre thérapeutique « Syrdall Schlass »

- Exposé : Mme Nathalie Oberweis

- Débat : M. Jean-Marie Halsdorf - Mme Carole Hartmann - Mme Cécile Hemmen (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - M. Marc Hansen - M. Jeff Engelen - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé - Mme Nathalie Oberweis (parole après ministre) – Mme la Ministre Paulette Lenert

#### 3. Dépôt d'une motion par M. Jeff Engelen

- Exposé : M. Jeff Engelen

- M. Fernand Etgen, Président (interventions de M. Sven Clement et M. Marc Goergen)

#### 4. Interpellation de M. Gusty Graas au sujet de la réduction des risques d'inondations

- Exposé : M. Gusty Graas (intervention de M. Michel Wolter)

- Débat : M. Michel Wolter (interventions de M. Gusty Graas et parole pour fait personnel) (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et M. Claude Haagen) - Mme Cécile Hemmen - M. François Benoy (dépôt de la motion 1) - M. Fred Keup - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

- Motion 1 : M. Marc Goergen - M. Michel Wolter - M. Fred Keup (interventions de M. Sven Clement et M. Marc Goergen) - M. François Benoy

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

#### 5. 7775 - Projet de loi portant modification :

**1° de la loi modifiée du 2 septembre 2011 portant réorganisation de la Chambre des Métiers et modifiant la loi du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce ;**

**2° de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base électorale ;**

**3° de la loi modifiée du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce**

- Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme : M. Guy Arendt

- Discussion générale : M. Marc Spautz - Mme Simone Beissel - Mme Tess Burton - Mme Chantal Gary - M. Fernand Kartheiser - Mme Myriam Cecchetti - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

#### 6. Motion de M. Jeff Engelen relative aux mesures sanitaires en vigueur pour les élèves et le personnel enseignant des écoles de musique des communes

- Discussion générale : M. Gilles Baum (intervention de M. Michel Wolter) - M. Marc Goergen - M. Fernand Kartheiser (retrait de la motion) - M. Sven Clement

**Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Carole Dieschbourg, Mme Paulette Lenert et M. Lex Delles, Ministres.**

**(La séance publique est ouverte à 14.07 heures.)**

#### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

#### 2. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet de l'avenir du centre thérapeutique « Syrdall Schlass »

D'Chamber féiert de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Zukunftsperspektive vum Syrdall Schlass. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Jean-Marie Halsdorf, d'Madamm Carole Hartmann, d'Madamm Cécile Hemmen, den Här Marc Hansen, den Här Jeff Engelen an den Här Sven Clement.

An d'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis als Vertrieederin vun der politescher Sensibilitéit déi Lénk. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Merci, Här President. Et ass komesch, hei als Éischt ze

schwätzen. An ech sinn awer elo ganz frou, dass d'Ministesch grad ukënn. Genau. Op jidde Fall freeën ech mech, iwwert d'Syrdall Schlass mat lech ze schwätzen. Den Therapiezentrum fir Drogésüchtiger zu Manternach am Syrdall-Schlass ass eenzegarteg. Et ass déi eenzeg Therapie hei am Land, déi Drogésüchtigen eng stationär Behandlung ubitt, déi net just medezinnesch ass. Manternach ass kee Spidol, mee eng Plaz, wou Leit mat Suchtproblemer kënnen an engem sécheren Ëmfeld liewen an den normalen Alldagsaktivitéiten nogoen.

Säit 40 Joer gëtt et dës Therapie, déi ganzheetlech ass an an e puer Voleten opgedeelt ass. Aarbechts-therapie gëtt et, Konschttherapie, Kreativatelieren, Gruppentherapie an individuell psychologesch Betreierung, betreit Wunnen, gemeinschaftlecht Kache mat Produiten aus dem gemeinschaftleche Gaart, Déierentherapie an esou weider. Et héiert sech ganz schéin a ganz ganzheetlech un.

Elo muss ee kucken: Prinzipiell sollen d'Patiente léieren, Verantwortung fir sech selwer ze iwwerhuelen, andeems och Verantwortung fir d'Kollektiv soll matgedroe ginn. D'Openthaltsdauer vun de Patienten ass an der Moyenne 8 Méint; verschidde Patiente bleiwen awer och emol bis zu 15 Méint.

Dat, wat ech lech grad beschreiwen, ass, wéi et am Moment ass oder wéi et bis elo zumindest war.

Et kommen ëmmer erëm och emol Patienten dohinner, déi réckfällig ginn, déi also e bësselche kommen a ginn an ëmmer erëm erëmkommen. Dat gehéiert dozou an deem Bëraich.

D'Erfahrungen um Terrain deiten drop hin, dass, wat d'Therapiezeit méi laang ass, wat se méi wirksam ass. Deen Echo hu mir vum Terrain kritt. D'Patienten vu Manternach brauchen heiansdo e puer Uleef, fir sech erëm an engem gereegelten Alldagsliewe kënnen ze integréieren. Dat heescht all Dag matzäiten opstoen, eng Aarbecht fannen, eng Wunneng fannen, akafe goen, sech ëm de Stot këmmen, sozial Kontakter ausserhalb vun der Marginalitéit opbauen, säin Ausgesi fleeen, sech erëm eng gesond Liewenshygiène ugewinnen an esou weider.

Dat alles ass net esou evident, wann een um Rand vun der Gesellschaft leeft a gelieft huet, an et gëtt och ëmmer manner evident, wat ee méi laang an esou enger Situatioun war a wat d'Ongläichheeten an der Gesellschaft ëmmer weider wuessen.

Här President, esou eng Therapie ass kee Wonnermëttel, si ass eng Begleedung. Si kann net on-

ofhängeg vun anere Mëtteleen a sozialen Dëngscht-leeschtinge gräifen. Ausserhalb vum Therapiezentrum musse Rechter gëllen, wéi d'Recht op Wunnen, d'Recht op Ausbildung, d'Recht op Aarbecht, d'Recht op Gesondheet, Zougang zu ëffentlechen Transportmëtteleen an esou weider.

Esou eng Therapie wéi déi, déi bis ewell zu Manternach am Syrdall Schlass ugebuede gouf, ass och net esou ausgeluecht, dass se kuerzfristeg wierke kann a kuerzfristeg Resultater opweise kann. Et ass eng Therapie, déi iwwer laang Zäit hir Friichten dréit. Hei gëtt sech Zäit geholl fir d'Patienten. En direkte „return on investment“ kann ee sech vun esou enger Therapie net erwaarden, an dat soll och kee sech erwaarden.

Mir mengen: Mat der Gesondheet mécht ee kee Profit a bei der Gesondheet spuert een och net. Dat schéngt awer, an dat ass déi grouss Fro, déi Erwaardung ze sinn, déi priméiert bei der geplangter therapeutischer Ëmstrukturéierung am Syrdall Schlass zu Manternach. An dat ass och de Grond, firwat mir dës Heure d'actualité ugefrot hunn. Mir wëllt méi Informatiounen iwwert dës Wandel a wëssenschaftlech Erkenntnisser, déi dës Er-ëmstrukturéierung zugronn leien.





Här President, mir si besuergt iwwert d'Zukunft vun der therapeutischer Ausrichtung zu Manternach. Engersäits, well mer fir d'éischt aus inoffizieller Quell gewuer gi sinn, dass dës Therapie soll reforméiert ginn. An anerersäits, well mer op Nofro hi keng zefriddestellend Äntwert krute vun der Gesondheitsministesch. A kenger Santéskommission ass iwwert dës Emstrukturéierung geschwat ginn. Mir sinn d'Detailer aus der Press gewuer gi respektiv vu Leit vum Terrain.

Am „Wort“ vum 1. Oktober 2021 erklärt de Generaldirekter vun der Rehaklinik vum Ettelbrécker Centre Hospitalier Neuro-Psychiatrique, dass uganks des Joers en Aarbechtsgrupp agesat gouf, deen d'Emstrukturéierung vun der Therapie zu Manternach an engem bis zwee Joer soll duerchsetzen.

Am selwechten Artikel gëtt een dann och gewuer, wat fir Ännerunge geplangt sinn. D'Openthaltsdauer vun de Patienten, dat heescht d'Therapiezeit, gëtt gekierzt: D'Patiente sollen idealerweis tëscht dräi a maximal sechs Méint a Behandlung sinn - an dobäi géif ee laut Temoignagen eréischt no sechs Méint richtig ukommen. Dat ass dat, wat mir vun de Leit héieren hunn. Domat soll dann also och d'Waardezeit - ech schwätzen elo vum Wandel, vun der Ännerung -, d'Liste d'attente fir d'Therapie erofgedréckt ginn.

Et wier wëssenschaftlech begrënnt, dass eng kuerz Therapie de Leit éischter géif hëllefen, erm op den eegene Féiss ze stoen, esou heescht et vun der Direktion, aus dem CHNP. Dat ass also kontradiktoresch zu deem, wat mir och héieren hunn, an dofir géife mer gären doriwwer schwätzen.

Et soll méi ambulant a méi individuell gehandelt ginn, esou den Direkter. D'Aarbechtstherapie soll en anere Stellewart kréien, et soll allgemeng manner edukativ Therapie gemaach ginn, fir méi medezinesch Therapieoffere kënnen unzibidden. Dat ass beängstlegend fir d'Patienten. Si konnte bis elo op der Plaz wunnen, schaffen, liewen, an engem gemeinschaftlechen a ganzheetlechen therapeutische Kader. Si krute keen Delai genannt, weini si eraus missten. Zu Manternach ware si fir eng länger Zäit aus der Schosslinn vun enger repressiver Drogenpolitik, déi näischt bréngt.

Och d'Nosuerg, wou si fir sech wunnen an awer och betreit ginn, war bis elo onbefrist. An och déi soll elo op ee Joer befrist ginn. Do kriss de also och schonn elo, wann s de an d'Nosuerg kënns, gesot: „An engem Joer muss de hei raus!“ Wat sinn d'Erklärungen dofir, wann ee weess, dass et grad an der Nosuerg ass, wou de Patient - Zitat, wéi mer et genannt kruten - „réckfällg“ gëtt?

Mir mengen, dass déi geplangte Reform am CTM eng zimmlech faul Geschicht ass. Firwat verleeft dës Reform duerch d'Hannerdier an et gëtt ee quasi näischt gewuer? Mir mengen, dass dat eppes ass, fir dat d'Ministesch sech muss verantwerten a wat si muss begrënne. Dofir och dës Heure d'actualité.

Wat ass de Méiwäert vun där Reform par rapport zum ale respektiv zu deem aneren Therapiekonzept? Op wéi enge wëssenschaftlechen Erkenntnisser berouen dës Ännerungsmoosnamen? Esou eng Reform kann net just op esäitege selektiven Erkenntnisser berouen. Et gëtt sécherlech e puer therapeutesch Approchen am Beräich vun der Suchtproblematik an d'Ministesch misst déi zur Kenntnis huelen an an der zoustänneger Kommission oppeleën an och diskutéieren.

Här President, ech sinn net vum Fach. Ech hu keng medezinnesch Kenntniss, mat deenen ech hei kann argumentéieren. Mee ech mengen, dass een déi net muss hunn a se net brauch fir ze verstoen, dass et hei eventuell ëm eng Käschtenoptimiséierung geet op Käschte vum Patient. D'Fro ass gestallt.

Et läit op der Hand: D'Therapie gëtt gekierzt, well wie manner laang an der Therapie bleift, gëtt och méi bëlle. Wat méi ambulant gehandelt gëtt, wat och méi lukratiiv Potenzial entsteet. Verschidden Ännerunge sinn och wierklech vun engem therapeutische Point-de-vue net nozevollzéien: Zum Beispill soll dat gemeinschaftlech Kachen ewechfalen a Kichepersonal agestellt ginn, mam Argument, dass d'Patiente fir d'éischt emol fir sech selwer kache misste léieren amplaz fir 20 Leit. Bei allem Respekt, dat ass absurd! Léiert ee fir sech selwer kachen, andeems ee guer net méi kacht?

„Kee Patient soll vergiess ginn“, heescht et vun der Direktion vum CHNP. Mir fäerten awer, dass genee déi Vulnerabelst hei wäerte vergiess ginn. Si kréien en Delai opgedréckt a gesot: „Kuck, dass de an där Zäit gesond gëss!“ Mir setze si ënner Drock a sinn ongedëlleg mat deenen, déi op der Streck bliewen. Ech maachen elo keen direkt dofir verantwortlech, well et ass eng gesellschaftlech Problematik. Mee ech hunn d'Gefill an den Androck, dass dat u sech en Ausdrock ass, wéi ongedëlleg mir mat Mënschen ëmginn, déi net no eisen dominanten, neoliberalen an individualistesche Krittäre funktionéieren an der Gesellschaft. Wann s de net produktiv a schnell genuch funktionéiers, da gëss de schnell an den Eck gedréckt an trotzdeem ënner Drock gesat.

Dat Konzept vu virdrun, dat bis elo gegollt huet, huet dat net gemaach. Do war keen Drock, mee d'Awunner konnte sech entfallen an sech fannen. Vun engem fréieren Awunner krut ech gesot: „Et war streng, mee fair.“ Et muss ee keen Dokter sinn, fir sech Gedanken a Suergen ëm eis Gesellschaft ze maachen; eng Gesellschaft, wou d'Ongläicheehte wuessen an d'Exklusion d'Resultat dovunner ass.

Déi allgemeng gesellschaftlech Fro, déi ech mer hannert dëser konkreter Fro vum CTM stellen, ass: Wéi geet eis Gesellschaft mat dëse Mënschen, déi um Rand vun der Gesellschaft liewen, ëm? Wat gi mer hinnen? Wéi vill Plaz a wéi vill Raum gi mer hinnen? A wéi eng Alternative bidde mer hinnen?

Här President, déi politesch Responsabel mussen ufänken, sech d'Fro ze stellen, ob et normal ass, dass esou vill Leit an dësem räiche Land an d'Drogenofhängegkeet an an déi extreem Prekariétéit rëtschen. Ass et normal, dass déi Leit sanitäre Konditioneuren ausgesat si wéi am 19. Joerhonnert? Ass et normal, dass et net méi Strukturen gëtt, déi dës Leit op laang Dauer kënnen begleeden? Net just Fixerstufen, mee Laangzäittherapien, laangfristeg Therapië wéi déi zu Manternach, déi eeben och ganzheetlech funktionéieren.

Ass et normal, dass Manternach deen eenzegen Drogentherapiezentrum am Land ass, deen Drogensüchtigen eeben eng dauerhaft Betreuung ubitt, déi net just medezinnesch ass, mee wou si quasi iwwer eng ganz Zäit hir Existenz op enger sécherer Plaz erm kënnen opbauen? Firwat gëtt et net méi esou Therapiezentren, vu d'Envergue vun der Drogenproblematik zu Lëtzebuerg? Dat wäeren déi Froen, déi ech géif stellen, an ech freeë mech op d'Diskussion.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Oberweis.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

#### Débat

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt effektiv ufänken, andeem ech der Madamm Oberweis Merci wollt soe fir déi Aktualitéitsstonn iwwert den Therapiezentrum Manternach oder iwwert d'Syrdall Schlass, well ech mengen, et ass wierklech ubruecht, dat, wat an der Press stoung a wat si och elo gesot huet, och ze hannerfroen. Dat hunn ech och gemaach. An ech hu mer änlech Froe gestallt wéi si, vläicht e bëssen aus engem anere Bléckwénkel.

Et ass eng Tatsaach, dass dës Institution am Drogenberäich säit 1980 funktionéiert an dass dës Behandlungsstruktur fir Erwuessener, déi schweierst drogenofhängeg sinn, vun Heroin, Kokain an esou weider, sech no engem holperegen Ufank - ech nennen dat emol esou - an den 80er-Jore wierklech zu engem wichtige Standbeen an der Lëtzebuurger Drogenbehandlung entwéckelt huet. Dat ass e Fakt! An d'Reputation vun dëser stationärer Behandlungsstruktur ass net méi ze maachen; bis dato gouf et menges Wëssens och - an dat ass wichtig - weeder Overdosen nach soss Doudeger am Zenter, an de Fonctionnement huet sécherlech mat der Zäit evoluéiert. Deen Zenter steet an engem gudde Licht.

Well elo laut Press effektiv verschidde Restrukturéierung gemaach oder Schrauwe gedréint ginn oder méi Schrauwe matenee gedréint ginn, mengen ech, wollt ech op verschidden Aspekter agoen an déi och beliichten, esou wéi d'Madamm Oberweis dat och gemaach huet.

Fakt ass, an dat hunn ech och an der Press gelies: Well et grouss Waardeschlaange gëtt, fir eng Plaz am Zenter ze kréien, soll effektiv d'Therapiedauer verkierzt ginn. Déi war ëmmer sechs bis 15 Méint; déi soll op sechs Méint reduzéiert ginn. Dat ass och schéin a gutt, mee all PALP-Therapie ass e bëssen anescht a muss awer ugepasst ginn. An et gëtt jo och do vu Stepped Care geschwat. D'Therapie soll also no dësem Prinzip individuell, evidenzbaséiert ugepasst ginn. Meng Fro, déi ech mer dann awer trotzdeem muss stellen, ass déi: Déi Zäitrechnung mat deene sechs Méint, geet déi dann all Kéier op? Dat wäert d'Zukunft eis weisen.

An och wann et esou ass, dass individuell an ugepasst traitéiert gëtt, risquéiert do net e bëssen déi néideg Rigueur op der Streck ze bliewen, déi iwwer Joerzénge eng Konstant war am Therapieën an dësem Haus? An ech kann dat esou soen, well ech säit den 90er-Joren als interesséierte Gesondheitspolitiker e puermol op der Plaz war. Duerfir kennen ech d'Haus relativ gutt.

Ech liesen dann och, dass d'Offer méi breet gemaach gëtt. Sou sollen déi schonn existent ambulante Strukturen ausgebaut ginn. D'Dagesklinik an déi stationär Struktur sollen aneneegraifen.

Den Accès an d'Begleitung fir déi eenzel Patienten, déi ambulant oder stationär behandelt ginn oder goufen, solle vereinfacht ginn. Dat gëtt ein-

fach generell vereinfacht, onofhängeg vun de Strukturen, aus deenen se kommen oder an deenen se liewen. Ech fannen dat prinzipiell och gutt, mee trotzdeem drängt sech dann eng Fro op: Do misste jo da Prioriséierung gemaach ginn - wéi sollen déi ausgesinn? Wie gëtt do virgeholl? Wéi gëtt dat realiséiert? Wéi gëtt dat ëmgesat?

An iwwerhaupt stellen ech mer dann, wann ech vu Vereinfachung schwätzen, d'Fro: Kéint do net de Problem kommen, dass den Accès fir an de Manternacher Therapiezentrum esou vereinfacht gëtt, dass am Fong geholl den Entzuch, dee jo am Spidol gemaach gëtt, ier een iwwerhaupt därer eragoen - dat ass eng *Conditio sine qua non* -, relativéiert gëtt? Ech hoffen, dass do awer dann eng gewësse Rigueur bleift.

Dann hunn ech gelies, dass den Drogenkranke psychotherapeutesch begleet soll ginn, wat jo och e Schlüsselement ass a wat och richtig ass. Mee sprécht dann esou eng psychotherapeutesch Therapie jiddwereen un? Well déi Leit, déi dohinner kommen - dat huet d'Madamm Oberweis och gesot -, komme jo aus verschiddene Karriären oder hu jo verschidde Profiller. Dat kënnen jonk Leit sinn. Dat kënnen chronesch Kranker sinn. Dat kënnen Leit sinn, déi eeler sinn, déi am Beruff sinn oder déi kee Beruff méi hunn. Duerfir géif ech nawell gär wëssen, wéi dat dann herno soll funktionéieren, wéi een dann do dat Ganzt soll ënner een Hutt kréien. Gutt.

Dann hunn ech och gelies - wat d'Madamm Oberweis och gesot huet -, dass effektiv verschidde Strukturen sollen ëmfunktionéiert ginn. D'Gaardenaarbecht an d'Déierepresenz sollen iwwerkuckt oder souguer ofgeschaaft ginn. Déi handwierklech Aktivitéiten - Aarbecht, Schräineraarbecht an esou weider - sollen och anescht ugepaakt ginn. An dann d'Kichenaarbecht, déi si ze ugeschwat huet, mam Kach - dat soll jo och anescht organiséiert ginn. Mee dat waren ëmmer Aktivitéiten, déi ganz wichtig waren am ale Modell, am Behandlungsschema vun deene Leit.

Sou. Bleift dat elo esou? Oder wat ännert do? Wéi eng Reeegele kommen do? Wéi sollen elo déi Leit, déi Heembewunner dann do beschäftegt ginn?

Dann hunn ech och gelies, dass all Patient e Safe sollt kréien, wat och e Recht ass, dass ee seng eege Sue ka geréieren. Mee et muss ee sech jo dann och bewosst sinn, dass, wann do solle Kontrollfonctioneuren ausgeübt ginn an ee keen Accès op de Safe huet, do verschidde Froen opgeworf ginn, wat an deem Safe ass oder wat net dran ass.

A schliisslech wollt ech och nach zur Konklusion kommen, dass wa vill Elementer vun deem geännerten oder vun deem ze ännernde Konzept während zwee Joer sollen ëmgesat ginn - maximal zwee Joer -, fannen ech dat och gutt. Ech fannen et och gutt, dass en Aarbechtsgrupp derbäi ass, mee, wéi gesot, ech wär frou, wa mer kéinten an zwee Joer kucken, wat dës Ännerunge bruecht hunn. Well en Drogenpatient gëtt am Fong geholl jo anescht responsabiliséiert wéi virdrun.

An dann hoffen ech och, dass déi Resultater och deementspriedend sinn, dat heescht d'selwecht, op d'mannst d'selwecht, wann net esouguer besser, an hoffentlech net méi schlecht, well den Drogenparcours vun all Drogenkranken ass effektiv komplizéiert no enger Behandlung an de Wee an déi normal Aarbechtswelt, an dat normaalt Liewen ass wierklech laang an et kënt een net ëmmer gutt un.

A schliisslech nach e leschte Saz. Ech huelen un, dass déi Upassungen, déi elo hei gemaach ginn, och am Nationalen Drogenaktionsplang stinn. A wann dat esou ass, kann d'Ministesch eis soen, ob se am Nationalen Drogenaktionsplang dra stinn a wéi se do dra stinn oder ob do Saachen derbäigeschriwwen ginn? Dat géif mech nawell och interesséieren. Dat waren déi puer Froen, déi ech och wollt un d'Madamm Minister stellen.

An ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeit.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Halsdorf. Ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Carole Hartmann (DP).** - Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, de Centre Thérapeutique Manternach oder CTM, deen am Syrdall Schlass ënnerbruecht ass, hëlleft Drogenofhängegen, hir Sucht ze iwwerwannen an nees sozial a professionell an d'Gesellschaft integréiert ze ginn.

Elo sollen den Zenter a seng Offer reforméiert ginn. Am leschte Koalitionsaccord sinn den Ausbau an d'Stärkung vun de Suchtbehandlungsstelle virgesinn. Och Recommendationeuren, déi no der Analys vum leschten Nationalen Drogenaktionsplang vun 2014-2019 formuléiert goufen, sou wéi och nei wëssenschaftlech Erkenntnisser verlaangen hei eng Upassung vun der Therapieoffer.

Ab der éischter Prise de contact dauert et aktuell ëm déi dräi Méint, bis ee fir eng Therapie kann opgeholl ginn. Dat ass fir Leit, déi mat schlëmmen

Drogenproblemer ze kämpfen hunn, natierlech immens laang. Administrativ Hürde ginn als ee Grond fir déi laang Waardezeit opgezielt. Do huet sech mir d'Fro gestallt, an ech ginn se weider un d'Madamm Minister, ob eng Vereinfachung vun den administrativen Demarché geplangt ass, fir d'Waardezeit verkierzen ze kënnen.

Och d'Behandlungen u sech daueren internationale Standarden no ze laang: sechs bis 15 Méint, am Duerchschnëtt also aacht Méint, sinn d'Patienten aktuell a Behandlung. Dat ka fir d'Patienten awer negativ Repercussionen hunn, well si esou vun der Struktur ofhängeg kënnen ginn. De But vun der Therapie ass et awer, d'Patiente vun hirer Sucht ze befreien, hinnen en onofhängegt Liewen ze erméiglechen a si nees séier an hiert gewinntent Ëmfeld an an d'Gesellschaft ze integréieren.

Wéi et aus engem Interview vum „Wort“, dee scho genannt ginn ass, vum 1. Oktober ervirgeet, sinn déi Responsabel vum CTM a vum CHNP der Meenung, dass d'Therapie aktuell nach ze edukativ ass. Et wëll een dowéinst e méi psychotherapeutischen Usaz verfolge, dee méi Bedürfnisorientéiert opgebaut ass, e gréissere Bezug zur Realitéit huet an esou e besseren Notze fir den Alldag ausserhalb vun der Struktur duerstellt.

De Profil an d'Besoin vum all Patient wäerten an Zukunft berécksichtegt ginn, fir esou eng individuell Therapie ubidden ze kënnen. Komorbiditéite wéi Traumaen oder ADHS musse bei der Behandlung zum Beispill och consideréiert ginn, fir déi beschtméiglech Prise en charge an déi gréisste Chancen op eng erfollegräich Therapie ze erméiglechen.

Aktuell gehéieren zur Behandlung Psychotherapie, Sport- a Fitnessaktivitéiten, Schräiner- a Kreativateliere souwéi en Déieren- a Gaardeberäich. An Zukunft soll méi Zäit fir Gespréicher, Sport a Rehabilitation bleiwen.

D'Liewen innerhalb vum all Patient e Safe sollt kréien, wat och e Recht ass, dass ee seng eege Sue ka geréieren. Mee et muss ee sech jo dann och bewosst sinn, dass, wann do solle Kontrollfonctioneuren ausgeübt ginn an ee keen Accès op de Safe huet, do verschidde Froen opgeworf ginn, wat an deem Safe ass oder wat net dran ass.

A schliisslech wollt ech och nach zur Konklusion kommen, dass wa vill Elementer vun deem geännerten oder vun deem ze ännernde Konzept während zwee Joer sollen ëmgesat ginn - maximal zwee Joer -, fannen ech dat och gutt. Ech fannen et och gutt, dass en Aarbechtsgrupp derbäi ass, mee, wéi gesot, ech wär frou, wa mer kéinten an zwee Joer kucken, wat dës Ännerunge bruecht hunn. Well en Drogenpatient gëtt am Fong geholl jo anescht responsabiliséiert wéi virdrun.

An dann hoffen ech och, dass déi Resultater och deementspriedend sinn, dat heescht d'selwecht, op d'mannst d'selwecht, wann net esouguer besser, an hoffentlech net méi schlecht, well den Drogenparcours vun all Drogenkranken ass effektiv komplizéiert no enger Behandlung an de Wee an déi normal Aarbechtswelt, an dat normaalt Liewen ass wierklech laang an et kënt een net ëmmer gutt un.

A schliisslech nach e leschte Saz. Ech huelen un, dass déi Upassungen, déi elo hei gemaach ginn, och am Nationalen Drogenaktionsplang stinn. A wann dat esou ass, kann d'Ministesch eis soen, ob se am Nationalen Drogenaktionsplang dra stinn a wéi se do dra stinn oder ob do Saachen derbäigeschriwwen ginn? Dat géif mech nawell och interesséieren. Dat waren déi puer Froen, déi ech och wollt un d'Madamm Minister stellen.

An ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeit.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Halsdorf. Ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Carole Hartmann (DP).** - Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, de Centre Thérapeutique Manternach oder CTM, deen am Syrdall Schlass ënnerbruecht ass, hëlleft Drogenofhängegen, hir Sucht ze iwwerwannen an nees sozial a professionell an d'Gesellschaft integréiert ze ginn.

Elo sollen den Zenter a seng Offer reforméiert ginn. Am leschte Koalitionsaccord sinn den Ausbau an d'Stärkung vun de Suchtbehandlungsstelle virgesinn. Och Recommendationeuren, déi no der Analys vum leschten Nationalen Drogenaktionsplang vun 2014-2019 formuléiert goufen, sou wéi och nei wëssenschaftlech Erkenntnisser verlaangen hei eng Upassung vun der Therapieoffer.

Ab der éischter Prise de contact dauert et aktuell ëm déi dräi Méint, bis ee fir eng Therapie kann opgeholl ginn. Dat ass fir Leit, déi mat schlëmmen

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hartmann. Da wier et un der honorabelen Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.





■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).**- Merci, Här President. Merci der Madamm Oberweis fir d'Interpellatioun. Ech hunn et just e bësse schued fonnt, dass Der eng ganz aggressiv Approche hei un den Dag geluecht hutt, wat eigentlech déi ganz Reform ubelaangt. Dir hutt vun enger ontransparenter Reform geschwat, vu Saachen, déi géife verstoppt ginn an dass Changementer eventuell och an direkter Relatioun mat engem finanzieller Volet wieren.

Ech kann lech soen, dass ech am Virfeld vun dëser Aktualitéitsstonn de Kontakt mat Responsabele gesicht hunn an ech hu mer och e bëssen d'Hannergrënn an och d'Ziler vun dëser Reform erkläre gelooss, eng Reform, déi ech no dësen Explikatiounen als wierklech ganz wichteg, ganz richtig an och als ganz pertinent aschätzen.

Ech soen iwwregens och dem Generaldirekter, dem Dokter Mark Ritzen, en härezeleche Merci vun dëser Säit aus fir seng Zäit an och seng éierlech Wieder. An ech géif mer erlaben, Här President vun der Santéskommissioun, lech ze froen, ob et méiglech wär, dass mer vläicht mat de Membere vun der Santéskommissioun eng Kéier eng Sëtzung kéinten hunn am Syrdall Schloss, zesumme mat de Verantwortlechen. Well all déi Informatiounen, déi ech kritt hunn, mengen ech, wäeren et derwäert, fir an aller Transparenz och un eis Membere kënnen weidergeleet ze ginn.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Merci. Wann d'Membere vun der Kommissioun do dermat d'accord sinn, maache mer dat.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).**- Voilà. Wéi gesot, d'Reform vu Manternach, déi reit sech am Allgemengen an an engem generell méi modern Approche vun der Psychiatrie. An hei gëtt de Fokus awer elo méi spezifesch op d'Suchtthematik geluecht a mir sinn elo, wéi gesot, beim Syrdall Schloss Manternach.

D'Gesellschaft evolueert, an iwwert de Konsum vun all méiglechen Drogen eraus huet dat dann natierlech och e schwéieren Impakt op d'Verhale vun den Ofhängegen, an Hand an Hand dermadder ginn awer och d'Erkenntnisser iwwer Behandlungsmethoden, déi och mat evolueieren. An do si mer leider hei zu Lëtzebuerg wäit ewech vun deem, wat aktuell an der Literatur steet a wat och d'Leitlinie virgesinn.

D'Reform, déi Manternach elo soll op de leschte Stand vun der Wëssenschaft an deem Beräich bréngen, stellt fir mech deemno e ganz kloer Paradigmawissel duer. Vun enger haut éischer edukativer Approche - an dat hu mer elo haut de Mëtteg schonn e puermol héieren -, déi eigentlech e streng duerchorganiséierten Dagesoflaf bedeit mat strengen, fixe Reegelen a virun allem och mat Sanktiounen, soll een an Zukunft méi op eng therapeutesch an och op eng psychotherapeutesch Approche eriwergoen. „Et soll méi op eng individuell Problematik ausgeriicht ginn“, ass haut de Mëtteg och gesot ginn, „manner restriktiv an awer och méi flexibel“. Well all Problematik - en Trauma oder zum Beispill och en Opmierksamkeitsdefizit - spillt an d'Suchtproblematik eran an huet och domadder ze dinn.

Natierlech: Wann een eng Reform ugeet, dann heescht dat, dass och d'Personal muss an déi Richtung geschoult ginn. An elo scho gëtt dacks mam Professor Dokter Erik van den Brink zu Groningen zesummegechafft, fir dat Personal, dat de Moment schonn do schafft, lues awer sécher och zu deem Émdenken ze bréngen. An da geet et drëm, fir och d'Patienten op deen neie Wee ze kréien. E Patient, deen iergendwann aus senger strenge Reegelen erauskënn, deen huet eigentlech net méi dat Enkadrement, dat e brauch. Mee et ass eebe genee dat, wat en herno zu senger Onofhängegkeet an zu senger Stärkt am Alldag soll féieren.

Ech hunn et gesot: De Patient soll méi Eegeberantwortung kréien. E soll sech besser virbereeden op d'Liewen no der Therapie. An ech soe wierklech „Therapie“, well, wéi gesot, mir sinn aus der Educatioun eraus; mir kommen an den therapeutesch Volet. An hie brauch en adaptéierte Suivi, fir nees de Wee an d'Liewen dobaussen zrëckzefannen.

Eppes, op dat ech ëmmer erëm higewise gi sinn, dat ass wierklech de Wunsch an de Besoin, fir eng Dagesklinik ze kréien, déi dezentral soll sinn, an där parallel a begleedend mat de Leit ka virugeschafft ginn, stonneweis, an zwar iwwerdeems se och hiren normalen Alldag kënnen féieren.

Meng Riedezäit ass elo gläich um Enn, mee ech wëll awer hei zum Schluss nach eng Lanz brieche fir de Projet vun engem eegenen Therapiezentrum fir Mannerjäreger hei zu Lëtzebuerg. Mir kënnen déi Jonk net einfach all an d'Ausland schécken, wéi dat de Moment de Fall ass. An ech wëll och nach eng Kéier de Lien mat der Santé mentale maachen. Mir müssen eis wierklech bewusst sinn, dass déi bescht Preventioun vill méi fréi geschitt an net eleng duerch Informatioun a Sensibilisatioun, mee virun allem och duerch eng gutt an eng accessibel Fërderung an eng Prise en charge am Beräich Santé mentale an allen Alterskategorien.

An deem Sënn hunn ech mech wierklech gefreet

iwwert d'Ukënnegung virgëschter hei an der Chamber vun eise Minister fir sozial Sécherheet, dass eventuell elo schonn ab Januar d'Prise en charge vun der Psychotherapie méiglech ass an dass e Plan Santé mentale an der Maach ass.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hemmen. Da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Hansen (déi gréng).**- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Syrdall Schloss ass e wichteg Bausteen an enger kohärenter Drogepolitik, wéi déi gréng sech se virstellen. Duerfir soen ech der Madamm Oberweis och villmools Merci, dass si dës Heure d'actualité ugefrot huet.

Fir déi gréng ass et wichteg, dass d'Drogepolitik de Mënsch an den Zentrum stellt. De Fokus muss duerfir op der Preventioun an op der Therapie leien. D'Kriminaliséierung an d'Repressioun vun Drogésüchtegen ass keng Léisung! Dat huet eng joerzéngtelaang Politik an dës Richtung gewisen. E Suchtkranke gehéiert net an de Prisong, wou e bestrooft gëtt, mee an eng Therapie, wou em gehollef gëtt, mat senger Sucht eens ze ginn, idealerweis doraus erauszekommen, fir dass en sech dann erëm an d'Gesellschaft kann integréieren.

Déi staatlech kontrolléiert Ausgab vu Methadon an den Apdikten a vu Jugend- an Drogenhëllef, déi och Heroin a Pëlleform erausginn, weist, dass dëst erfollegräich kann ëmgëssat ginn. Et muss ee sech awer och bewusst sinn, dass Drogenofhängeger oft psychesch Problemer hunn, aus engem ongesonde sozialen Ëmfeld kommen an sech mat traumatischen Erlebnissen erëmpleen. Droge ginn da fälschlecherweis als schnell Léisung vun de Problemer gesinn, soudatt de Risiko vu Réckfäll extreem héich ass.

Fir d'Resozialiséierung vun Drogenofhängege brauch et duerfir net nëmmen d'Programmer vu kontrolléierter Ausgab vun Drogen, mee och Plazen an de Spideeler, wou se kënnen en Entzuch maachen ënner klinscher Begleedung a Betreuungsstrukturen, wou déi, déi et an hirem normalen Ëmfeld net packen, längerfristeg clean ze bleiwen, op eng stationär Therapieoffer kënnen zrëckgräifen. Hei spillt d'Syrdall Schloss natierlech eng extreem wichteg Roll.

Wichteg ass natierlech och, dass déi Betreffen, wa se dann d'Decisioun geholl hunn, aus dem Drogenkonsum erauszeklappen, esou séier wéi méiglech op dës Offere kënnen zrëckgräife respektiv dass se encadréiert ginn, bis se ugehall sinn, net dass se erëm réckfällg ginn, ier se eng Plaz kritt hunn.

No enger Therapie ginn awer och Wunnenge gebraucht, wou déi Betrafte weider kënnen betreit ginn.

Dir Dammen an dir Hären, am Syrdall Schloss kréien d'Suchtkranke, déi vun illegalen Drogen ofhängeg sinn, eng Rehabilitatiounsbehandlung. Dës besteet aus Psychotherapie, Sport, Fitnessofferen, enger Schräinerei, Kreativatieliere souwéi Déieren- a Gaardenatieliere, wou d'Patienten op e selbstänneg Liewe virbereet ginn.

Esou wéi et eeben och an der Press stoung, läit d'Behandlungsdauer momentan bei sechs bis 15 Méint; an anere Länner sinn et dräi bis sechs Méint. Nei wëssenschaftlech Erkenntnisser an och Erfahrungswärter aus änleche Strukturen aus dem Ausland hunn awer erginn, dass wat d'Behandlung méi laang dauert, wat de Wee zrëck an dat normal Liewe méi schwierg kéint ginn.

Duerfir soll d'Behandlung méi realitéitsno ginn a méi e prakteschen Notze fir den Alldag mat sech bréngen. D'Patiente sollen och méi léieren, selwer mat Verantwortung ëmzegeen. Als Gréng begréisste mer och déi méi human Approche, dass d'Patienten hir perséinlech Saachen net méi müssen ofginn an dass se no enger gewëssener Zäit och hiren Handy erëm kënnen benotzen. Allgemeng soll d'Behandlung kënnen individuell ugepasst an esou méi flexibel gehandhaabt ginn, besonnesch och mam Bléck op Begleeterkrankunge wéi ADHS oder psychotraumatesch Stéierungen.

Den Akzent gëtt méi op d'Gespréich, besonnesch dat psychotherapeutesch, op de Sport an op d'Rehabilitatioun gesat, amplaz op d'Aarbechtsstonnen, déi virdu relativ héich waren. Dësen neien Therapiemodell erlaabt et, dass d'Behandlungsdauer ka verkierzt ginn an domat och d'Wardezäit, fir eng Plaz ze kréien, déi momentan bei dräi Méint läit. Doduerch kéinte méi Leit am Syrdall Schloss behandelt ginn.

E weidere Schwéierpunkt an der Reform ass den Ausbau vun Eltere-Kand-Projet, wat déi gréng extreem begrëissen. Oft ass dëst déi eenzeg Méiglechkeet, dass d'Mamm oder de Papp am Fall vun enger Therapie weider mam Kand ka liewen an dass et net an eng Fleegefamill oder an en Heem muss goen.

Schlussendlech soll och eng Dagesklinik op d'Bee gestallt ginn, fir och eng ambulant Offer fir Patienten, déi sech aus familiären oder professionelle Grënn net stationär behandle kënnen loosse, unzëbidden. Domat gëtt de Spektrum u Patienten, déi vum Syrdall Schloss kënnen betreit ginn, méi breet.

Här President, Therapiemodeller evolueiere mat der Zäit. Nei Erkenntnisser an och nei Erfarunge vum Personal bréngen mat sech, dass Modeller sollen a mussen adaptéiert ginn. Duerfir begrëissen déi gréng, dass dat elo fir d'Syrdall Schloss gemaach gëtt an dass domat méi Patiente kënnen behandelt ginn.

Natierlech muss een esou Upassungen och begleeten, fir feststellen, ob dat gewënschent Resultat erreecht gëtt, ob kee Patient vergiess gëtt respektiv ob keng negativ Konsequenzen entstinn. Och d'Personal muss matagebonne ginn, fir dass jiddereen um selwechte Strang zitt.

Et kann ee sech och d'Fro stellen, ob d'Verkierzung vun der Therapiedauer déi gewënschten therapeutesch Resultater mat sech bréngt, fir dass d'Patienten och no hirer Entloossung aus der Therapie Fouss faassen. Duerfir meng Fro un d'Ministesch: Gëtt déi ganz Reform, déi sech aus der grénge Vue gutt an de Plan d'action national en matière de drogues illicites et d'addictions associées (ndlr: Plan d'action national en matière de drogues d'acquisition illicite et de leurs corollaires) abett, begleet, fir ze analyséieren, ob d'Resultater vum Changement vum Therapiemodell och den Erwaardunge gerecht ginn?

Ech soe Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Marc Hansen. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt wëll ech der Madamm Nathalie Oberweis vun déi Lénk Merci soe fir hir Aktualitéitsstonn zu dësem wichtige Thema vum Centre Thérapeutique vu Manternach.

D'Drogeproblematik am Land huet, iwwer Joerzénge gekuckt, nach net ofgehall. A fir d'ADR ass d'Reform vum Zenter am Syrdall Schloss eng absolut Necessitéit.

Zanter 1980 ass deen eenzege stationäre Therapiezentrum fir Drogenofhängeger permanent ausgebucht a muss mat enger Waardelëscht schaffen. Mir begrëissen et deemno, dass déi Responsabel un engem neien Therapiemodell schaffen, fir d'Offer ze erweiden. Bis elo dauert eng Behandlung vu suchtkranke Leit bis zu oder ka bis zu 15 Méint daueren. Déi soll awer elo duerch déi nei Therapie daitlech verkierzt gi fir déi Betreffen, wat mer begrëissen.

Dobäi soll d'Psychotherapie verstärkt an den Asaz kommen. Mer begrëissen dernieft déi breet Offer, déi scho besteet mat Sport- a Fitnessaktivitéiten, enger eegener Schräinerei a Kreativatieliere, grad wéi engem Déieren- a Gaardeberäich, déi et de Betreffen erméigleche sollen, nees e selbstänneg Liewe kënnen ze féieren.

Duerch d'Reform soll méi Zäit si fir individuell Gespréicher, sportlech Aktivitéiten an och, fir un der Rehabilitatioun vun de Patienten ze schaffen. Et ass ze hoffen, dass duerch d'Reform vum Syrdall Schloss d'Wardezäit fir eng Therapieplaz endlech méi kuerz ginn. Eenzeler hu mussen bis zu acht Méint waarden, ier se konnten am Therapiezentrum ugehall ginn.

Här President, wéi Der wësst, steet d'ADR jo fir d'Famill. Duerfir ass hir och den Ausbau vum Eltere-Kand-Projet besonnesch wichteg, bei deem d'Behandlung vun drogenofhängege Mammen a Pappen zesumme mat hire Kanner am Mëttelpunkt steet. Dëst ass eng Therapieform, déi fir vill Elteren den eenzege Wee ass, fir weider mat hirem Kand ze liewen an domadder ze verhënneren, dass et placéiert gëtt.

Vill Drogenofhängeger sinn a finanzieller Nout, hunn duerch hir Sucht hir Schaff an hiert Doheem verluer. Mir begrëissen och, dass mat der Reform kee soll ausgeschloss ginn, soudatt den Therapiezentrum elo och fir Dagespatienten opsteet, déi net do betreit wunnen. Generell gi mat der Reform Patienten och méi op hir Eegeberantwortung ugesprach.

Här President, fir déi ambulant Betreierung ausbauen, gi méi Mëttelen an och méi Personal gebraucht. D'ADR freet sech dowéinst, ob dës Reform duergeet, ob net iwwerhaupt en zweeten Therapiezentrum am Land misst geschafe ginn, fir eng besser Hëllefstellung ze hu fir Suchtkranke.

Mir sinn och der Meinung, dass um Terrain selwer, wou vill Drogenofhängeger duerch Beschafungskriminalitéit stroffällg ginn, eppes geschéie muss. An eise Walprogramm hate mir scho gefuerdert, e System anzeféiere mat enger gesetzlech reglementierter a kontrollierter Ofgab vun Drogen u süch-

teg Mënschen, déi esou gereegelt ass, dass et net zu engem Mëssbrauch dovunner komme kann. Dat geschitt elo schonn zanter enger Zäit mat Substitutionsprogrammer an enger ganz limitéierter Drogenofgab un heroinofhängeg Patienten. Mee esou Programmer mussen permanent evaluéiert an adaptéiert ginn.

D'Regierung muss bei Therapieasatz verstärkt aktiv ginn, natierlech net nëmmen, mee och, fir den Drock vum Therapiezentrum vu Manternach erfroen. Erlaabt mer nach zum Schluss, d'Madamm Ministesch ze froen, ob si Statistiken huet vu Leit no där Therapie zu Manternach, a wéi déi ausgesinn. Well et wier jo wichteg, dass déi Leit och no Manternach begleet ginn am Liewen. An et wier och vläicht interessant ze wëssen, wat bis elo u réckfällge Patiente vun do aus koum a wat och an der Zukunft kënnt, fir dass een am Fong geholl déi zwou Therapien herno an enger Statistik matenee vergläiche kann.

Da wëlle mer vun eiser Säit aus zum Schluss deene Leit, déi sech an der Struktur Dag fir Dag mat grousem Asaz fir déi drogenofhängeg Leit asetzen, en härezeleche Merci soen.

An ech géif lech Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt soen ech och der Madamm Oberweis villmools Merci, dass se dëse Sujet iwwerhaupt op den Ordre du jour gesat huet, well ech fäerten, soss wier dës Debatt e bëssen un der Chamber laanschgezunn.

De Projet am Syrdall Schloss war eenzegearteg an elo soll en iwwerschaft ginn. No iwwer 40 Joer sinn Ännerungen och net verkiert, well wéi alles op dëser Welt, muss och de Centre thérapeutique mat der Zäit goen. Hei muss awer ganz kloer opgepasst ginn, dass dës Verännerungen och Verbesserung sinn. De Centre fonctionéiert haut u sech gutt. E baséiert op enger horizontaler Demarche, dat heescht, et gi keng haart Hierarchien an d'Leit fülle sech vun de Mataarbechterinnen a Mataarbechter am Schloss gehéiert.

D'Ministesch huet erkläert, dass elo Ännerungen virgesi sinn. Dës Ännerungen sollen u sech méi a méi komplett Diagnosticken erméiglechen. Och soll jo méi no de Mënsche mat Opmierksamkeetsstéierungen a Psychotraumatata gekuckt ginn. All dëst si gutt Usätz, déi mir Piraten ënnerstëtzen. Mee deem dierfen aner Demarchen net zum Affer falen. Zum Beispill muss och nach besser no Mënsche mat Handicap, déi enger Sucht verfale sinn, gekuckt ginn. Bis elo war do de Problem, dass just - ënner Führungszeichen - „reng“ Toxikomanen ouni aner Problemer behandelt konnte ginn, well onglécklecherweis d'Personal net fir dës Fäll geschoult war.

Den Traitement an Encadrement vun dëse Leit hält méi Zäit a Manpower an Usproch. Dat wësse mer. An awer muss dësen Investissement an eisen Ae gemaach ginn, fir dass jiddereen, dee mat enger Sucht ze kämpfen huet, déi néideg Hëllef kritt, onofhängeg dovunner, ob en nach en anere Problem huet oder net. D'Ästelle vu Personal mat nach anere Spezialiséierungen ass also wichteg.

A wa mer bei der néideger Hëllef sinn, sou wëll ech hei och op e Punkt agoen, dee mer awer e bëssen ze denke gëtt. 2017 louch d'Therapiezeit vun enger Persoun tëscht dräi Méint an engem Joer. Den neie Projet wëll dës Zäit elo op sechs Méint ofkierzen, fir d'Leit erëm méi séier an en normalen Alldag ze integréieren. Dat kléngt jo op den éischte Bléck ganz gutt: e méi séieren Traitement. Mee ass et da wierklech am Interêt vun deene Patientinnen a Patienten, dass se méi séier erëm integréiert ginn an en normal Liewen, wa se doduerch vläicht méi ufällig sinn, fir recidiv ze ginn?

Ass et net vläicht esou, dass Verschiddener och an der Vergaangenheet déi ganz Therapiezeit vun engem Joer gebraucht hunn, fir erëm op d'Been ze kommen? Ass et also net vläicht kuerzsiichteg, fir hei eng méi kuerz Therapiezeit duerchzusetzen? Well Therapië loosse sech net per Acte administratif oder Acte politique decidéieren. Déi si medezinesch ordonéiert.

An da stellt sech fir mech och nach d'Fro, wéi den Alldag vun den Toxikomaninnen an den Toxikomanen no der stationärer Behandlung soll ausgesinn. Well schonn den deemolegen Direkter huet 2017 erklärt, dass u sech méi Logements encadrés fir déi Betreffen an der Zäit nom Syrdall Schloss gebraucht ginn. Ech wëll elo hei kee Faass iwwert d'Logementsproblematik insgesamt opmaachen, mee Logement encadré ass nach eng Kéier en anere Problem.

Duerfir och hei meng Fro: Ginn déi Logementer opgestockt, fir sécherstellen, dass déi Leit bis zum Schluss kënnen op Hëlfele zrëckgräifen - falls néideg -, fir mat hirer Sucht de Wee zrëck an e soi-





disant normaalt Liewen ze fannen? A falls jo, wéi vill Logementer wäerten dat sinn? A bis wéini wäerte se mobiliséiert ginn?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir Piraten begrüessen d'Iddi aus dem nationale Plan d'action, fir esou een Therapiezentrum och fir Jugendlecher opzemaachen. Mir hoffen, datt dësen effektiv, wéi de Plang et verspricht, bis 2024 steet. D'Zäit bis dohinner gëtt awer esou lues knapp. Mee och wann dësen zustane kënn, dierf dat net heeschen, datt et beim Traitement fir Erwuessener zu Aschneidunge kënn.

Wéi scho gesot: Mir Piraten si fir d'Verännerungen, wa se kloer Verbesserung mat sech brénge fir déi Betreffen, awer och fir d'Personal am Syrdall Schlöss. A mir hoffen, datt déi Ännerunge genau dat maachen, nämlech zu enger Verbesserung féieren.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Präsident*.- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert. Madamm Lenert, Dir hutt d'Wuert.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Merci, Här President. An entschëllegt virop meng kuerz Verspéidung, déi ech hat. Ech hunn dat esou schnell wéi méiglech gemaach fir unzekommen.

Merci och fir dës Fro, fir déi Aktualitéitsfro. Virun allem wann ech héieren, wéi eng Froe sech gestallt ginn, wéi eng Suergen am Raum sinn, ass et e ganz gudd Moment, fir hei Erklärungen ze ginn. Sécherlech ass dat hei ee vu villen Theemen, wat e bëssen ze kuerz komm ass duerch d'Pandemie. Mir ware vill present als Santéministère an der Chamberskommissioun, leider ëmmer zu engem Thema, wat monopoliséiert huet: méi wéi 53-mol zu der Pandemie. An ech freeë mech selwer och ganz vill, fir op aneren Dossiere mat lech zesumme kënnen ze schaffen an deemno och fir den Interessi, deem hei geüssert ginn ass.

Zënter dem Januar 2021 ass de Centre thérapeutique zu Manternach effektiv amgaangen, un enger neier Ausrichtung vun der Prise en charge vun de Patienten ze schaffen. Firwat? Dëst nodeems de Constat gemaach gouf, dass d'Prise en charge net méi den neiste wëssenschaftlechen Erkenntnisser ugepasst wier. Dëst ass en natierleche Prozess. Dat ass kee Changement par rapport zum nationalen Drogeplang. Mee et ass en natierleche Prozess vu permanenter Verbesserung am Sënn vu méi Qualitéit um Niveau vun der Prise en charge, am Sënn vun engem en phase bleiwe mat deem, wat déi neisten Erkenntnisser sinn.

Mir müssen also hei kucken, vu wou mer kommen. Bis ewell war d'Prise en charge haaptsächlech drop axéiert, den Drogekranken d'Wunnen an enger Gemeinschaft unzibidden, wou se Reegelen hu misse befollegen a wou se hiren Openthalt zu engem groussen Deel duerch Aarbechten am Haus, am Gaart an an der Kiche strukturéiert kruten.

Dëst hat also e ganz staarken edukativ-pedagogesche Charakter, woumat och net all Patient eens ginn ass. Allerdéngs géif ech och gären hei ënnersträichen - dat ass dat, wat mer bericht ginn ass -, dass sech d'Ekippen iwwert déi ganz Joerzénge gutt derduerch geschloen hu mat deene Moyenen, déi se haten. Mee hei geet et effektiv drëms, de Progrès mat afléissen ze loosseren an op ze si fir nei Richtungen, déi ugeduecht sinn um Niveau vun der Wëssenschaft, um Niveau vun den neisten Erkenntnisser.

Et ass also festgestallt ginn, dass dës Prise en charge duerch e wichtige Piller huet missen erweidert ginn: nämlech den therapeutischen a psychotherapeutischen Volet. D'Diagnostik mussen onbedéngt ausgebaut ginn an individuell dem Patient ugepasst ginn. Gemengt sinn hei ënner anerem Therapien am Beräich vu posttraumatesche Stéierungen oder Opmierksamkeitsstéierungen, déi maachen, dass d'Behandlung vun de Betreffenen deemtsprechend a jee no Problematik muss ugepasst ginn.

Et geet also hei drëms, moossgeschneidert Therapien an de Vierdergronn ze bréngen, dat heescht, stéierungsspezifesch Therapien unzibidden. An déi kënnen jee no Patient a jee no Krankheitsbild anescht a ganz ënnerschiddlech sinn.

Dat bedeit also, dass d'Patienten net méi sollen alleguerten iwwer ee Leescht gezu ginn an och net alleguerten déi selwecht intensiv Betreueung brauchen. Duerfir wëlle mer an deem Beräich och nach aner Offeren ubidden, déi am ambulante Beräich an an enger Tagesklinik erëmfanne sinn. Et geet drëms, insgesamt e kohärent a modernt Konzept op d'Been ze stellen, do ze kompletéieren, wou nach muss kompletéiert ginn - an där Saache sinn nach, déi mussen kompletéiert ginn, ech kommen do nach drop zrëck -, awer och, dat Besteeënd ëmmer weider um Lafenden ze aktualiséieren.

Donieft wëlle mer och d'Zesummenaarbecht tëscht Manternach an dem CHNP zu Ettelbréck intensivéieren. Dat wäert eis erlaben, d'Palett vun de méiglechen Therapien ze vergrösseren an à la carte ze proposéieren. D'Problemer sinn effektiv villschichtig. Et ass ugeschwat ginn: d'Problematik vun de Mamma mat de Kanner. Do mussen mer méi entgéintkommen. Dat ass ugeduecht. Dat soll ausgebaut ginn an do komme mer och gutt weider. Dat sinn Aarbechten, déi lafen. Mee dat ass sécherlech e Besoin - dat ass vu Verschiddene vun lech ugeschwat ginn -, wou nach Loft no uewen ass a wou mer wierklech och nach eppes anescht kënnen ubidde wéi dat, wat bis elo de Fall ass.

Elo ass et awer hei net anescht wéi an anere Betriber, wou e Changement usteet. D'Équipe sur place muss mat agebonne ginn. Si muss iwwerzeegt gi vun der Necessitéit, dass dës Wiessel net nëmme wichtig ass, mee dass en och richtig ass, fir d'Prise en charge vun de Beneficiairen ze verbesseren.

Do ass et wéi an all anerem Betrib normal, dass Eenzelner vläicht méi wëllen um Existéierende festhalen wéi anerer. Mee grad esou normal ass et och, fir iwwert den Tellerrand erauszekucken a sech vun den neiste wëssenschaftlechen Erkenntnisser leeden ze loosseren.

Dat bedeit och net, dass mir all Trend nolafen, dee grad kënn. Mir hunn duerfir wëllen, e regelméisese Monitoring vun de Mesuren duerchzuführen, esou wéi dat och vum Marc Hansen ugeschwat ginn ass. Dat ass eis wichtig. Wann eng nei Orientierung geholl gëtt, dann ass et selbstverständlech wichtig, dass mer Rechenschaft ofliwweren, ob dat de richtige Wee war. An et muss een och kucken, ob een eventuell muss norüsten oder net. Duerfir ass dës Monitoring feste Bestand vun der Demarche, déi ugeduecht ass.

Dës Demarchen, vun deenen ech hei schwätzen, ginn och net iwwert de Knéi gebrach a se foussen also ganz kloer op wëssenschaftlechen Erkenntnisser.

D'Konzept, wat ausgeschafft gouf vun den Experten, stäipt sech op iwwer 60 international Referenzen a Leitlinien. An mer sinn och ganz gäre bereet, déi mat lech ze deelen. An deem Sënn ass et net gesécher, dass eng laang Openthaltsdauer an engem Zenter wéi zu Manternach automatesch d'Erfollegquot géif eropsetzen. Et gi sécher Leit, wou d'Krankheet esou chronifizéiert ass, dass eng laang Prise en charge an e laange Suivi néideg bleiwen.

Et gëtt awer och Leit, déi positiv Resultater bei hirer Therapie kënnen hunn, ouni esoulaang müssen ze bleiwen a vun der Welt ofgeschnidden ze sinn. Fir déi kann eng Behandlung vun dräi bis sechs Méint méi Succès hunn, wéi wa se 15 Méint zu Manternach verbréngen.

2009 an 2010 hu mer missen u Beispiller feststellen, dass et vill Réckfäll gouf trotz laangem Openthalt zu Manternach. Do kënn nämlech och en anert wichtegt Phenomeen mat an d'Spill: dat vun der Entfriemung, dat vun der Entfriemung vun der Gesellschaft, wou d'Leit no hirer Prise en charge de Wee nëmme schwéier erëmfannen zrëck an d'Gesellschaft a fir do Fouss ze faassen.

Dat bréngt also och e Risiko vu Rechute mat sech an dat ass net ze ënnerschätzen. D'Leit sollen deemno gutt virbereet ginn, fir dass se Verantwortung fir sech selwer iwwerhuele kënnen, ouni dass si ëmmer ee brauchen, deen hinne seet, wat se ze dinn hunn. Hei sinn ënnerstëtzend Moossnamen néideg, fir d'Autonomie dobauss fir d'normaalt Liewen ze erhéien. Konkreet bedeit dat, dass Kachen, Botzen, Akafegoen hei wuel e Bestanddeel wäerte bleiwe vun der Betreueung, mee de Schwéierpunkt muss op alle Fall op den therapeutischen an de psychotherapeutischen Volet geluecht ginn, op déi Begleedung, déi elo neierdéngs verstärkt wäert ugebuede ginn.

D'Missioun vun enger Rehabilitationsklinik wéi Manternach ass net geduecht, fir d'Leit vun der Strooss ze huelen, sécher net. Dat ass net déi éischt Finalitéit dovunner. An ech mengen, dorüwer misste mer eis heibannen och alleguerten eens sinn.

Op der anerer Säit wëlle mer awer och net d'Openthaltsdauer kieren, just fir eis Waardelëschten ofzeschaffen. Dorëms geet et och net. Mee dat wäert awer sécher ee vun de positiven Effekter vun dëser Reform sinn, déi mer eis erhoffen, dass mer duerch eng differenziéiert Approche, déi eeben eng Laangzäitbegleedung do asetzt, wou se néideg ass an awer och Raum gëtt fir méi kuerz Behandlungen, fir méi Patiente behandeln ze kënnen, déi erëm an eis Gesellschaft integréiert kënnen ginn.

Duerfir wëlle mer zäitno och méi ambulant Ressourcë schafen, déi d'Begleedung nom stationären Openthalt iwwerhuelen. A verschiddene Fäll brauchen mer och deemno wéi guer keng stationär Openthalter, jee nom therapeutischen Besoin vum Kranken a jee no senger berufflecher a familiärer Situatioun.

Fir dat kënnen ze bestëmmen, brauche mer awer op där anerer Säit individuell Gespréicher. Mir brauchen eng professionellen Diagnos vun engem Dokter, fir dat Richteg kënnen unzibidden a fir wierklech geziilt der Persoun entsprechend an hire Besoinen entsprechend dat Richteg um Niveau vun der Offer kënnen unzibidden.

Mir ginn eis also Zäit, fir dës Offeren auszubauen an och fir d'Ekippe um Terrain ze motivéieren, un der Reform deelzehuelen, déi dann duerch Formation continue um leschte Stand bleiwe soll.

Allerdéngs dierfe mer och net ze vill laang waarden, well et ass richtig erkannt ginn - et ass eng Aschätzung, déi mer och deelen opsäite vun der Regierung -: d'Besoin si grouss. Et gëtt verschidde Besoinen. Mir brauchen verschidden Zorte vu residentieller Prise en charge fir drogenofhänge Leit.

Dofir brauchen mer eng Vernetzung tëscht all den Acteuren, déi mat Addictiounen ze dinn hunn. An och dofir schaffe mer drun, fir d'Projeten, déi an eise nationalen Drogeplang virgesi sinn, bis 2024 op de Wee ze kréien - dat esou schnell wéi méiglech an esou acceleréiert wéi méiglech - an doduerch eng complementaire an differenziéiert Begleedung vun Drogekranken an d'Motivatioun, fir eppes ze änneren iwwer Entgëftung an Therapie bis zu enger Reintegratioun an d'Gesellschaft iwwer zousätzlech betreite Logementer an dësem Kontext ze erméiglechen.

Mir sinn op alle Fall motivéiert, deen heiten Dossier esou ze acceleréieren. Ech hunn och ganz grousst Vertrauen an d'Experten, déi déi heite Richtung virginn hunn. Si sinn d'Experte vum Terrain. Ech mengen, et ass richtig gesot ginn: Et ass keng politesch Decisioun, wéi een d'Therapie mécht. Ech hunn do Vertrauen an déi Leit, déi sech mat der Wëssenschaft ausernanergesat hunn an eis dat dote geroden hunn.

Ech sinn och frou fir den Interessi, dee gewise ginn ass hei am Raum, fir sech deen Therapiezentrum méi genee unzekucken. Wéi gesot, déi ganz Etüden, déi deem heiten zu Fouss leien, kënnen mer lech gären zur Verfügung stellen. An ech sinn och gäre bereet, dat an der Chamberskommissioun nach eng Kéier ze verdéiwen an eventuell Leit vu Manternach matzebréngen, falls nach Froe sollten oobleiwen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Präsident*.- Merci villmools der Gesondheetsministesch. Parole après ministre fir d'Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. An och merci der Ministesch fir all hir Ausféierungen. Ech géif hir nach gäre eng Fro stellen, wann dat geet. Pardon. Jiddefalls e grouss Merci un lech alleguerten an och un d'Madamm Ministesch eebe fir all Är Informatiounen an Ausféierungen. Also ech héieren eraus, dass se sech effektiv vill op international Erkenntnisser baséieren, déi heiten Ännerungen. Ech verstinn dat. Ech weess, dass déi Wëssenschaft jo an Evolitioun ass. Ech gleewen lech, dass dat net eng politesch Entscheidung ass an esou, dat ass mer kloer.

Mee ech géif lech froen: Gouf eng Etüd à la base gemaach och am Syrdall Schlöss selwer? Ech mengen, et ass jo eng Saach, dass een Erkenntnisser huet, déi international sinn, aus dem Ausland. Mee et ass awer eng aner Saach ze kucken: Wat leeft da bei eis, an eise Syrdall Schlöss konkret? Wat leeft do eventuell schif?

Duerfir war meng Fro: Kommen déi Changementer am Endeffekt just duerch déi international Erkenntnisser? Oder kënn och eng Demande vum Terrain selwer, wou ee vläicht gemierkt huet, et leeft eppes net gutt esou? Well wann dat Syrdall Schlöss 40 Joer laang esou fonctionéiert huet, ... Bon, eisen Echoen no war dat sécherlech - wéi Der sot - net jiddwerengem ugepasst, dee Modell. Mee ech froe mech trotzdem konkret: Wat huet net fonctionéiert, fir dass nei Modeller musse kommen?, soe mer emol esou. Ech hoffen, Dir verstitt meng Fro.

Déi zweet Fro oder déi aner Fro wär u sech - Dir hutt vun engem Monitoring geschwat -, ob mir kënnen do mat agebonne ginn, soudass mer awer informéiert ginn, awéiwäit déi Emstrukturéierungen dann effektiv och Friichten droen, ... wann een esou e Monitoring mécht och eng Evaluatioun no enger Zäitchen, dass mer och do informéiert ginn, awéiwäit déi Ännerungen dann och Friichten droen eeben.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Präsident*.- Merci Madamm Oberweis. An ech ginn d'Wuert zrëck un d'Madamm Ministesch.

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Jo, merci fir d'Fro. Ech ginn dovun aus - op alle Fall mat deenen Elementer, déi ech elo hei kritt hu fir dës Heure d'actualité -, dass déi Evaluatioun gemaach ginn ass. Ech hat et ugeschwat. Et ass rieds gewiescht vun 2009/2010, wou eebe festgestallt ginn ass, dass dach awer vill Recidivë sinn nom Openthalt. Doraus schléissen ech, dass d'Leit do

scho beméit sinn, op der Plaz wierklech e Suivi ze maachen, an och eppes festgestallt hunn, wat se beonrouegt huet. Ech mengen dat ass eng natierlech Saach, op d'Wëssenschaft ze kucken, op nei Erkenntnisser, mee dat mécht een normalerweis jo a Kombinatioun mat deem, wat ee sur place mécht. Ech sinn do zouversichtlech, dass dat gemaach ginn ass, soss hätt ech déi Indicationen och net esou hei préparéiert kritt.

Et ass zumindest awer e Problem, dass nach ee vill ze héije Recidivetaux present ass. Dat ass sécherlech een Indicateur, deen ee soll suivéieren. Et ass net eriiwer, wann e Mënsch en Therapiezentrum verléisst. Et ass extreem wichtig, dass een duerno kuckt: Wéi laang hält dat un? Wéi huet et sech mat der Recidive a wéi wierkt dat sech aus?

Ech sinn och gäre bereet, mat lech en Echange iwwert d'Evaluatioun ze hunn. Ech wäert mech reiseignéieren, wéi dat sech elo zäitlech gestalt. Mee et ass ëmmer interessant, en Echange ze hunn iwwert déi Indicateuren. Do sinn och vläicht Iddie vun deem engen oder deem anerem, déi do op oppen Ouere falen, fir dat mat afléissen ze loosseren. Also ganz gären.

■ **M. Fernand Etgen**, *Präsident*.- Merci der Madamm Gesondheetsministesch. Dës Punkt ass domat ofgeschloss.

#### 3. Dépôt d'une motion par M. Jeff Engelen

Ier mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour kommen, géif ech dem honorabelen Här Jeff Engelen d'Wuert gi fir den Depot vun enger Motioun. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

##### Exposé

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*), *auteur*.- Jo, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi de leschten Dënschdeg versprach, hu mer eis Motioun, déi mer deen Dag deponéiert haten, reformuléiert. An ech géif mer dann erlaben, se hei ze deponéieren. Et geet jo ëm d'Gläichstellung vun eenzelne Museksschoulen op kommunalem Plang wéi och mat deene vun dem Fondamental a vun de Lycéeën. Ech géif déi domadder deposéieren am Kader vum Covidgesetz.

Mir sinn awer och d'accord, fir déi an d'Kommissioun, d'Kulturkommissioun ze verweisen, well d'Madamm Ministesch jo haut net kann hei sinn. Da wier et och gutt, fir den Avis vun der Regierung mat eranzehuelen.

■ **Plusieurs voix**.- Education.

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*), *auteur*.- Gelif?

■ **Une voix**.- D'Kultur ass net zoustänneg, et ass d'Education.

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*), *auteur*.- An d'Education. Jo, hei ass Kultur. Dat muss da gekuckt ginn, ob et d'Education ass. Mir sinn dann d'accord, fir se dohinner ze verweisen, wann d'Chamber domadder averstanen ass.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

##### Motion

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest,*

*- datt dat neit Covidgesetz virschreift, datt d'Schüler an d'Léierpersonal vun de kommunale Museksschoule während de Coursen a Concerten et weiderhin d'Distanzregel vun op d'mannst zwee Meter müssen anhalen oder virum Cours/Concert de Covidcheck musse maachen;*

*- an alle Schoule vum Fondamental a Lycéeën dës Obligation fir d'Schüler a fir d'Léierpersonal zënter der Rentrée opgehuewen ass, onofhängeg vun der Ziel vun de Persounen am Kllassesall,*

*ass sech bewosst, datt*

*- déi kommunal Museksschoulen duerch dës inkohärent Reglementatioun onfair behandelt ginn an dru gehënnert ginn, normal ze fonctionéieren;*

*- et kee rationale Grond gëtt, d'Schüler an d'Léierpersonal vun de kommunale Museksschoule méi strenge Restriktionen ze ënnerwerfe wéi d'Schüler an d'Léierpersonal vum Fondamental a vun de Lycéeën,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- fir d'Schüler an d'Léierpersonal vun de kommunale Museksschoule keng méi restriktiv Corona-Moossnamen ze applizéieren wéi déi, déi fir d'Schüler an d'Léierpersonal vum Fondamental a vun de Lycéeën gëllen.*

*(s.) Jeff Engelen.*

■ **M. Fernand Etgen**, *Präsident*.- Merci villmools, Här Engelen. Ass d'Chamber d'accord, fir dës Motioun an d'Educationskommissioun ze verweisen, well et ass déi, déi derfir zoustänneg ass?

*(Brouhaha)*

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Ech hu se nach net gelies, Här President.





- **Une voix.** - Här President, mir musse se liesen.
- **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Jo, dat ass wouer.
- **M. Marc Goergen (*Piraten*).** - Mir misste se awer kënnen liesen, Här President.
- **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Mir kucken déi fir d'éischt. Um Schluss vun der Sitzung wäerte mer dann doriwwer befannen.

#### 4. Interpellation de M. Gusty Graas au sujet de la réduction des risques d'inondations

Da géif ech elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtteg kommen: Dat ass d'Interpellatioun vum Här Gusty Graas iwwert d'Reduktioun vum Iwwerschwemmungsrisiko. D'Rédezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Michel Wolter, d'Madamm Cécile Hemmen, den Här François Benoy, den Här Fred Keup, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen.

An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

##### Exposé

■ **M. Gusty Graas (*DP*), *interpellateur.*** - Merci, Här President. „Hochwasser haben das Potenzial, zu Todesfällen, zu Umsiedlung von Personen und zu Umweltschäden zu führen, die wirtschaftliche Entwicklung ernsthaft zu gefährden und wirtschaftliche Tätigkeiten in der Gemeinschaft zu behindern.“ Dat ass eng treffend Definitioun vum Europaparlament, ech mengen, déi mir alleguer heibannen och kënnen mat ënnerschreiven.

Iwwerschwemmung sinn u sech keen neit Phenomeen. Dat ass et schonn ëmmer an der Mënschheetsgeschicht ginn, an zwar schonn zënter Joerhonnerten. Ech wëll drop hiweisen: 1342 ass et e sougenannt Magdalenenhéichwaasser ginn; do si ronderëm d'Donau 6.000 Mënschen ëmkomm. Och mir hei zu Lëtzebuerg si mat deem Phenomeen, mat där Naturkatastroph schonn éiweg geplot. Et braucht een nëmmen d'Leit vun der Musel ze froen; déi wëssen do schonn eppes ze erzielen!

Wat allerdéngs nei ass an deene leschte Joren, dat ass éischter den Zäitpunkt vum Héichwaasser an et ass virun allem awer och d'Intensitéit. Bis elo waren Iwwerschwemmungen u sech éischter an de Wanterméint, vläicht nach an den Hierschtméint. Elo ass et awer scho keng Seltenheet méi, datt mer och esou Iwwerschwemmung wärend dem Summer hunn.

Wat nach nei ass: Fréier huet sech dat éischter op déi gréisser Flëss limitéiert, virun allem d'Musel natierlech, d'Sauer. Mee haut kënnen awer och kleng Baachen - oft, wa se nëmmen zwee, dräi Meter grouss sinn - bannent Stonnen zu räissende Flëss ginn, déi dann ouni Zweifel e richtegt Zerstéierungswierk hannerloossen. Dat ass e Phenomeen, wat mer elo vläicht an deene leschten 20, 30 Joer méi oft bemierkt hunn, obwuel mer, wéi gesot, och scho ganz grouss Iwwerschwemmungen an där Zäitspann haten. Ech denken un 1993, ech denken un 1995; mee ech denken awer och virun allem un 2016 an déi verheerend Iwwerschwemmungen, déi deemools am Iernsdall waren.

D'Héichwaasser vu Mëtt Juli, iwwert dat mer jo dann haut hei diskutéieren, huet natierlech enorm Spueren hannerlooss op villen Niveauen. An haut, wann ee laanscht gewësse Flëss trëppelt, gesäit een nach ëmmer Zeie vun där dach ganz grousser Naturkatastroph. Et ware virun allem Gemenge wéi lechternach, wéi Rouspert, wéi Veianen, déi an éischter Linn beträff waren. Et war ouni Zweifel eng grouss Naturkatastroph.

Se huet vill Leed hannerlooss, glécklecherweis hei zu Lëtzebuerg nëmmen um materiellen Niveau, contrairement zu anere Länner, virun allem an Däitschland, wou et jo extrem dramatesch war. An awer si vill Biller nach hafte bliwwen. An haut, wann ee sech nach eng Kéier zréckversetzt, et ass nach net esou ganz laang hier, da gesäit een nach Autoen duerch d'Waasser schwammen, da gesäit ee Mënschen, déi musse mam Boot gerett ginn, da gesäit een Haiser, déi bis zum éischte Stack schonn ënner Waasser stoungen.

Den ekonomesche Schued war, wéi gesot, extrem héich. Dowéinst war et och ze begrëissen, datt d'Regierung séier reagéiert huet an e Pak vun 100 Milliounen Subventioun zur Verfügung gestallt huet. Deene leschte Chifferen no vun den Assurancë läit de Schued bei plus ou moins 125, 130 Milliounen, mee ech si bal iwwerzeugt, datt en am Endeffekt vill méi héich ass. Wann een e bëssen analyséiert, wat do an deenen zwee Deeg virgaangen ass, gesäit een dat ganz kloer un de Reequantitéiten: Zum Beispill si bannent zwielef Stonnen tëschent 60 an 100 Liter pro Quadratmeter erfogefall; de Rekord louch bei 105,8 Liter zu Guedber, a bei Meteo-lux um Findel goufen 72,4 Liter bannent zwielef Stonne gemooss. Dat war jiddefalls e Rekord, zënter datt et dës Miessstatioun gëtt, vun 1947 un.

Op 10 vun 41 Miessstatiounen gouf en 100-järegt Héichwaasser gemooss. Beim HQ100 - dat ass, wéi gesot, dann d'Ofkierzung dofir - sinn 2 % vun der Populatioun beträff; 3,35 % vun der Populatioun si beträff, wa mer vun engem extreemen Héichwaasser schwätzen.

Mir hate schonn 1993 - ech hunn et virdru scho kuerz erwäant - e grousst Héichwaasser hei zu Lëtzebuerg, mee dat war deemools am Wanter. Als Verglach just dann: D'Sauer zu Rouspert, déi hat deemools en Héichstand vu 7,97; dës Kéier louch e bei 9,66 Meter.

Da muss ee sech natierlech awer elo d'Fro stellen, ob mer nach ëmmer bei där Definitioun vun engem 100-järegen oder 50-järegen Héichwaasser bleiwe kënnen oder ob mer net mussen nei Norme virgesinn. Dat heescht, zum Beispill: Dat 100-järegt Héichwaasser, ass dat haut net schonn ee 70-, 60-, 50-järegt, wat, wéi gesot, an där Zäitspann reegelméisseg erëmkennt? Och déi Iwwerleeung muss gefouert ginn, fir de Fall nämlech, datt ee bei neie Planunge géif matberücksichtegen, awéifern datt een dee Moment awer schonn am Virfeld zousätzlech Héichwaasserschutzmoosnamen géif virgesinn.

Ech mengen, d'Ursaache vun dem Héichwaasser si bekannt - duerfir brauch ee kee ganz grouss Spezialist ze sinn -: Et ass natierlech ganz kloer an éischer Linn de Klimawissel. Ech ginn dervun aus, datt et - glécklecherweis muss ee soen - ëmmer manner Leit gëtt, déi de Klimawissel u sech a Fro stellen. Och ëmmer manner Leit stellen et a Fro, datt och déi anthropogen, déi mënschlech Aktivitéiten derzou bäidroen, datt dee Klimawissel nach beschleunegt gëtt. Ech mengen, ech brauch dat net hei am Detail ze analyséieren, dat iwwerléisst een och léiwer de Spezialisten. Mee mir wëssen, datt natierlech den Ausstouss vun CO<sub>2</sub>-Gas an och vun anere Gasen do d'Hauptursaach ass.

Obwuel och dat keen neie Phenomeen ass. Et gëtt schonn al Klimamodeller. Ech erënneren zum Beispill un eent hei, wou sech op e physikalescht Gesetz beruff ginn ass: d'Clausius-Clapeyron-Gläichung vun 1834. Also, och do solle mer net maachen, wéi wann déi Entwécklung do virgëschter nach net bekannt gewiescht wär.

Jiddefalls, eppes ass kloer: Mir mussen eis an Zukunft verstärkt och deenen Ännerungen upassen. An ech zitieren hei den Här Laurent Pfister, Hydrolog beim LIST, deen am „Paperjam“ vum leschte 16. Juli geschriwwen hat: « Aujourd'hui, nous commençons à comprendre que nous vivons dans un monde non stationnaire. [...] Inévitablement, tous les outils dont nous disposons, que ce soit de surveillance, de prévision ou de prévention, comme des ouvrages d'art ou des bassins de rétention, vont de plus en plus arriver à la limite pour laquelle ils ont été développés, à une époque où l'on pensait vivre dans un monde stationnaire. » Ech mengen, dee Message ass och ganz kloer.

Eppes ass sécher: Mir kënnen natierlech net hei zu Lëtzebuerg d'Welt retten! Mir wëssen, datt d'Hauptursaach de Klimawissel ass. Dat wëllt awer net heeschen, datt net och mir mussen eis Verantwortung hei iwwerhuelen, obwuel ee sech och heiansdo kéint virstellen, datt mer vläicht nach géifen e Gang zouleeën. Well eppes däréi een net vergiessen: Déi national Moosnamen, déi mir am Interêt vum Klimaschutz huelen, déi hunn och automatesch e positiven Impakt op d'Biodiversitéit. Dat gëtt vill ze vill oft vergiess. An duerfir hu mer all Ursaach, fir hei zu Lëtzebuerg eng geziilt, kohärent Klimaschutzpolitik ze developpéieren.

An eppes ass awer ganz kloer: Och wann de Problem natierlech éischter planetaresch Dimensionsen huet, esou däréi een net vergiessen, datt awer och eng Rei Ursaachen derzou féieren, datt de Problem och deelweis hausgemaacht ass. A wéi gesot, dorop wëll ech dann och dës Interpellatioun elo hei opbauen.

Virgëschter hu mer hei diskutéiert iwwert d'Gestioun vun der Kris u sech. Meng Iwwerleeung elo ass éischter, haut en Debat ze féieren: Wat kënnen mer am Virfeld besser maachen, fir datt Héichwaasserkatastrophen net méi déi Gréisstenuerung hunn, wéi dat bis elo de Fall war? Wuel wëssend, wéi gesot, datt mer natierlech musse realitéitsno bleiwen. An dowéinst wollt ech mech de Mëtten hei op véier Punkte konzentréieren.

Deen éischten ass emol deen: Wéi eng Konsequenze kënnen mer elo aus deene leschten Héichwaasser zeien? Zweetens dann awer och eng Analys vum Héichwaasserrisikomanagementplang. Dat ass e ganz wichtegt Instrument, op dat ech selbstverständlech nach wäert zréckkommen. An dann en drëtten Punkt, datt ass eng verstärkte Sensibiliséierung vun de Gemengen, awer och vun de Bierger, wat oft ënnerschatzt gëtt. An och hei läit nach vill Potenzial, fir eppes besser ze maachen. A véiertens, fir mech perséinlech jiddefalls ee vun deene wichtigste Punkten ass d'Renaturéierung vun eise Gewässer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn et virdru scho gesot: D'Héichwaasser limitéiert sech elo net méi op déi gréisser Flëss Musel, Sauer, Our an esou weider, mee entre-temps sinn et eeben och vill kleng aner Baachen, déi eis do ganz vill Misär maachen, déi och emol nëmmen eng Breet hu vun ee bis zwee Meter, mee déi sech awer bannent Stonne kënnen zu engem räissende Floss entwéckelen. Dowéinst muss also déi Kartografie, déi opgestallt ginn ass, nach verfeinert ginn, nach verbessert gi fir ze kucken, wou dann d'Hauptproblemer leien.

Elo muss ee sech natierlech d'Fro stellen: Firwat sinn dann elo virun allem och déi kleng Gewässer méi aggressiv ginn? Do brauch een och net e ganz grouss Fachmann ze sinn, fir ganz séier erauszefannen, wou eng vun den Hauptursaache läit: Ma dat ass d'Versigelung vun eiser Landschaft. Ech mengen, mir sinn eis do eens, do ass natierlech ganz viles an deene leschte Joerzénge geschitt an et geschitt och nach vill méi.

Ech wëll drop hiweisen: Eist Stroossennetz huet zum Beispill 2.914 Kilometer; 9 % vun der Landesfläch si mat Wunnenge verbaut; mir bauen nach wie vor, amenagéieren nei Industriezonen. Ech wëll och op de Plang fir nohalteg Entwécklung hiweisen, wou mer eis d'Zil gesat hunn, datt ab 2020 maximum nach een Hektar den Dag soll versigelt ginn. Ech hoffen, datt mer dat Zil och kënnen erreechen. De Versiegelungstaux ass vu 4,04 % am Joer 2006 op 4,26 % am Joer 2015 geklommen. Do gesäit een also eng ganz kloer Tendenz, wou et higeet.

Eist Land huet nëmmen 2.586 Quadratkilometer, an ech ka mer kaum virstellen, datt et jeemools eng Kéier wäert kënnen méi grouss ginn. Dat heescht also als Konsequenz: Mir mussen den Terrain an Zukunft vill méi rationell notzen!

Da si mer natierlech ganz séier beim Wunnengsbau. De Wunnengsbau, an dat hu mer d'lescht Woch erëm eng Kéier ganz kloer hei alleguer gewisen, ass natierlech eng ganz grouss Prioritéit vun der Politik. Mir wëssen, datt et e Manko u Wunnengen hei zu Lëtzebuerg gëtt. Dat wëll ech och absolut net a Fro stellen. Mee wat een awer vläicht och emol eng Kéier e bësse méi daitlech ënnersträiche muss: Wa mer Wunnengsbau realiséieren, wéi soll deen an Zukunft ausgesinn? Well mir mussen, wéi gesot, vill méi rationell mat eisen Terrainen ëmgoen.

An da si mer ganz séier bei der Fro: Solle mer net, musse mer net méi an d'Héicht bauen hei zu Lëtzebuerg? Ech weess, natierlech ass do d'Reaktioun bei deem engen oder deem aneren: „Mir hu scho genuch där ellener Appartementshaier duerch d'Land do stoen!“ Duerfir wëll ech och net falsch verstane ginn. Dat heescht natierlech net, datt ee soll no engem relativ planlosen Zil nëmmen nach, entschëllegt den Ausdrock, där véiereckege Këschen dorëmmer duerch d'Land planzen. Nee, mir sollen dat ganz geziilt maachen! An haut kann een och Héichhaier bauen, déi e gewëssene Charme hunn. Dat gëtt et. Ech mengen, natierlech géif och vun den einzelnen Architekten heiansdo e bësselche méi Fantasie verlaangt, fir e bësselche méi Gréngs mat ze verschaffen. An dann hu mer awer och Méiglechkeeten op Plazen, ech denken zum Beispill u Friche-industriellen, wou neie Wunnengsbau entsteet: Wat schwätzt dergéint, datt mer do éischter an d'Héicht bauen?

An et muss een och do ganz éierlech sinn: Déi Zäiten, wou ee mengt, et kéint ee vläicht en Terrain vun 10, 15, 20 Ar hunn, déi wäerte sech awer lues a lues dem Enn entgéintneigen. Et ass nämlech nun emol esou, datt deen Terrain, dee mer zur Verfügung hunn, net méi grouss gëtt. An deem Sënn sinn natierlech an deene leschte Joerzénge vill Feeler gemaach ginn, och urbanistescher Natur.

Ech wëll hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt, wann een e Plädoyer fir Haier hält, déi sollen an d'Héicht goen, da wëllt dat net heeschen, datt dat net no urbanistesche Krittäre soll geschéien, ganz au contraire!

Wa mer awer dann och bei dem Wunnengsbau sinn - eng Demande, déi ëmmer méi opkënn, datt sinn zum Beispill déi sougenannten „Tiny-Haiser“. Schwätzt mat ville jonke Leit! Do ass eng Demande do. Ech muss awer éierlech soen, ech si verwonnert - ech kloe mech awer selwer mat un -, firwat mir als Politiker deem Element net méi Rechnung droen. Mir hu souwuel um kommunale Plang wéi vläicht och um nationale Plang nach ëmmer net déi reglementaresch a gesetzlech Basis geschaaft. Mee et ass eng reegerecht Demande do. Mir sollten och deem méi positiv entgéintkucken an eis Iwwerleeunge maachen, awéiwäit mer och do vläicht an Zukunft aner Akzenter setze kënnen.

Eppes ass ganz kloer: De Mënsch huet sech an deene leschte Joerzénge, Joerhonnerten ëmmer méi no bei d'Waasser niddergeloooss, huet ëmmer méi no beim Waasser gebaut, mat de Konsequenzen, déi mer kennen. An da sinn ech awer och ganz séier beim Artikel 39 vum Waasserschutzgesetz. An ech soen dat awer ganz éierlech: Ech hat schonn deemools Problemer, wéi mer hei

iwwert den Artikel 39 diskutéiert hunn, dee virgesäit, dass een nach ënner gewëssene Konditiounen an enger Iwwerschwemmungszon ka bauen.

Ech fannen, de Punkt ass erreecht, wou een deen Artikel 39 awer ganz eschthafte eng Kéier op de Leescht misst huelen an d'Fro misst stellen, ob mer nach wëllen an déi Richtung goen. Sécher, et si ganz streng Obligatiounen virgesinn. Mee wat fir e Message gëtt een och no baussen, wann een nach wie vor theoreetesch d'Méiglechkeet virgesäit, datt an enger Zone inondable ka gebaut ginn?

An ech ginn lech och e Beispill aus menger eegener Gemeng, wou viru Joren an enger Zone inondable adjacente - adjacente! - eng, loosse mer soen, kleng Cité autoriséiert ginn ass. Mee dat war just déi Zon, déi dës Kéier beim Héichwaasser - an d'Kolleegein Schäffin hei gëtt mer net Onrecht, mir haten dës Kéier enorm vill Problemer bei eis an der Gemeng - enorm vu Problemer heemgesicht gi war. Duerfir, mengen ech, solle mer eis emol eng Kéier eschthafte d'Fro stellen, ob deen Artikel 39 nach ëmmer seng Bedeitung an deem Sënn do huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum zweete Punkt. Do geet et iwwert den Héichwaasserrisikomanagementplang - elo sinn ech frou, datt ech d'Wuert erauskut hunn -, dat ass eppes, wat ganz aktuell ass. Deen ass nämlech de Moment an der Prozedur. Dee louch op bis de 24. September fir d'Bierger. Dowéinst wier ech vläicht frou, Madamm Minister, wann Der eis do scho kéint eppes matdeelen, wéi den Echo war, wéi d'Demande war vun de Bierger. An e läit och op bis de 24. Oktober fir d'Gemengen. Dat heescht, d'Gemengen hunn nach dräi Deeg Zäit, fir en Avis ofzeginn. Ech weess, datt dat warscheinlech fir déi meescht Gemengen, déi et nach net gemaach hunn, net méi méiglech ass. Déi, déi et net gemaach hunn, bon, ech wëll se net hei accuséieren, mee déi hunn awer warscheinlech dann hir Roll net 100%eg gespillt.

Ech wollt awer eppes zu den Avisa soen, déi d'Gemengen zu deem Héichwaasserrisikomanagementplang ofginn - an ech mengen, et si jo genuch Gemegepolitiker heibannen, déi mer net Onrecht ginn -: Ech soen lech dat ganz éierlech, Madamm Minister, et sinn eenzel Gemengen net besonnesch frou, wat den Echo ass vun deenen Avisen. Et si vill Gemengen, déi sech wierklech Méi ginn, fir e ganz seriösen Avis ze maachen. Wann da mol net heiansdo en Accusé de réception kënn, huet mer dat net iwwel, dann ass een als Gemengeresponsablen net ëmmer ganz frou. An ech soen dat awer ganz éierlech hei. Ech verstinn, datt Äre Ministère an Är Verwaltungen net kënnen bis an dee leschten Detail dat Land hei kartéieren a kennen, dat ass onméiglech, dat ass logistesesch a vum mënschleche Plang hier net méiglech. Mee d'Gemenge kennen hiren Territoire! D'Gemenge kënnen lech soen, wou Problemer leien. D'Gemenge kënnen soen: „Déi an déi kleng Baach, dat sinn déi, déi nei Problemer duerstellen.“ Dowéinst maachen ech wierklech en Appell hei, datt vläicht déi Kommunikatioun an déi Zesummenaarbecht mat de Gemengen, haaptsächlech, wéi gesot, wat den Héichwaasserrisikomanagementplang ubelaangt, an Zukunft nach verbessert gëtt.

Ech wëll awer direkt hannendru soen, an dat soll och hei ënnerstrach ginn: D'Madamm Minister - an do hutt Der och eng gutt Initiativ geholl -, ass nämlech no den Iwwerschwemmungen an eng Rei Gemenge gaang, déi Gemengen, déi besonnesch beträff waren. An ech weess aus eegener Erfahrung, datt mer och eng ganz konstruktiv Diskussioun haten. An dat war och dee richtege Wee an dee muss och bäibehale ginn. An dat huet jo och bewisen, wéi wichteg et ass, datt een de Kontakt mat de Gemenge maximal fleegt.

Wat dann och nach eng Kéier d'Aufgab vun de Gemengen ubelaangt, do si mer natierlech och séier bei de PAGen, mir si séier bei de PAPen. Och do muss vläicht nach eng verbessert Begleedung kommen. Well ech denken hei virun allem un déi méi kleng Gemengen, déi mittelgrouss Gemengen, déi oft net déi Moyenen hunn, fir sech fachmännesch beroden ze loosse. An do ass et wichteg, datt déi Zesummenaarbecht zwëschent de Gemengen an de Ministère an Zukunft jiddefalls gutt soll klappen.

Wa mer iwwer Héichwaasserschutzmoosnamen schwätzen, da si mer natierlech och direkt bei Infrastrukturen, déi realiséiert ginn, bei bauleche Moosnamen. An do sinn der natierlech eng Rei, déi an deene leschte Joren a Joerzénge gemaach gi sinn, zum Beispill d'Opriichte vu mobillen oder fixe Maueren. An ech kommen op ee Beispill ze schwätzen: Ech gesi mäi Frënd, den André Bauler, hei setzen, fréiere Buergermeeschter zu Angelduerf, wou dann eeben och - dat war zwar net ënner senger Kompetenz, dat war nach virdrun - eng sougenannten Héichwaasserschutzmauer opgericht ginn ass. Och zu Dikrech, mengen ech, ass dat de Fall. Et ass och nach op anere Plazen esou.

Jo, a priori ass dat och ze verstoen. Ech mengen, et ass evident, datt jiddweree fir d'éischt säin Ëmfeld kuckt a seet: „Ma wéi kann ech mech maximal virum Héichwaasser schützen?“ Ech sinn awer nach wie vor der Meenung, datt mer dat musse global an





engem Gesamtkonzept gesinn an och musse kucken, wat eng isoléiert Moosnam am Endeffekt vläicht awer och un Negativem mat sech brénge kann. Déi Moosnamen u sech sollen net a Fro gestallt ginn, mee se mussen awer méi an engem globale Konzept duerchdiskutéiert ginn.

Da si mer natierlech och ganz séier bei de Reen-oder bei de Retentionsbecken. An och do gött et ganz gutt Beispiller. Ech wëll op dat vu Welschent hiweisen: Zu Welschent gouf 1999 e Retentionsbecken amenagéiert mat enger Capacitéit vu 500.000 Meterkibb. D'Madamm Minister ka mer dat vläicht nach herno méi genee confirméieren, wat dann den Effet vun esou Retentionsbecken ass. Ech gleewen drun, dass dat eng Méiglechkeet ass. Mer mussen also kucken, wou mer där nach zousätzlech kënnen amenagéieren, wuel wëssend, dass dat natierlech net ëmmer esou einfach ass. Virun allem si mer dann erëm bei der Acquisitioun vun Terrainen an esou weider. Mee och dat ass awer e Wee, deen een ouni Zweifel muss goen.

Wa mer da scho bei Réckhaltebecke sinn, da si mer natierlech och ganz séier bei deenen, déi an den Industriezonen amenagéiert ginn. An och do muss een awer leider feststellen: Et geet net nëmmen duer, dass mer se amenagéieren, mee se mussen awer och ënnerhale ginn! An dat ass och ee vun de Problemer. An ech gesinn, dass ech hei net eppes gesot hunn, wat falsch ass, well d'Madamm Minister, duerch hiert Wénken, gött mer do jo net Onrecht. Do muss awer och den Entretien garantéiert ginn. Et geet net nëmmen duer, d'Retentionsbecken ze amenagéieren, an da kuckt kee Mënsch méi derno, a wann dann eng Kéier e Staarkree kënnt, dann ass d'Katastroph dann awer do.

Ech wëll an deem Kontext och op eng Question parlementaire vu menge Kollege Carole Hartmann an André Bauler hiweisen, déi déi ganz Problematik jo och elo eng Kéier opgeworf haten.

Et ass jo och eng Etüd gemaach ginn iwwer e Kadaster vun de Retentionszone vun der Waasserverwaltung, wat ech eng ganz gutt Saach fannen; 2020 ass déi realiséiert gi fir 17 Flëss. Dat ass, wéi gesot, ze begrëissen. Do soll jo och elo nach eng zweet Phas kommen, mengen Informatiounen no, fir ze kucken, wéi ee Réckhaltepotenzial een nach kann, wann en, wéi gesot, duerch ... ob déi dann och hydraulisch effikass sinn. Dowéinst och meng Fro: Wéi wäit ass de Stand vum zweeten Deel vun där Etüd dann?

Wa mer iwwer Retentionsbecke schwätzen, komme mer natierlech net derlaanscht, e Wuert iwwert de Stauséi vun Esch-Sauer ze schwätzen, wat jo och e wichtige Regulationsfacteur ass. Och do ass jo d'Iwwerleeung, fir nach zousätzlech baulech Amenagementer ze maachen. Mengen Informatiounen no kouw et do elo zum Retard vun der Ëmsetzung vun deenen Aarbechten. Do misst jo anscheinend nach e Projet de loi ausgeschafft ginn. Net virun 2024 soll dat geschéien. Ech weess, et ass net direkt Är Kompetenz, Madamm Minister, mee vläicht sidd Der awer informéiert, fir eis do nach dat eent oder anert Wuert kënnen ze ginn.

Wa mer da beim Héichwaasserrisikomanagementplang bleiwen, da si mer natierlech och ganz séier bei den Entretien vum de Gewässerleef. A besonnesch elo, no dem Héichwaasser, gött natierlech oft d'Fuerderung gestallt, och vu kommunale Vertrieeder, dass déi Baachen an déi Flëss solle gebotzt ginn. Ech wëll allerdéngs och do soen: Mer mussen oppasse mat deem Term „botzen“.

Wat heescht botzen? Eng Baach muss net glaskloer gebotzt sinn, sou dass herno net méi där e bësse Gestrëpp do leien. Richtig ass: Wa Beem op eemol eng Staufonctionioun erfüllen, dann hënnere se, da muss se ewechgeholl ginn. Mee en ëmgefallene Bam oder Gestraich an engem Gewässer ka sech awer zum Beispill positiv op den Habitat auswirken. Mee och hei muss erëm d'Zusammenarbecht zwëschent Gemeng a Verwaltung gutt klappen, well et ass evident, dass soen ech ganz éierlech, dass déi staatlech Verwaltungen net à mème sinn, fir déi ganz Ënnerhaltsaarbechten, besonnesch elo no esou schroem Héichwaasser, ze realiséieren. Also muss mat de Gemengen zesumme geschafft ginn. Och d'Gemengen hunn net ëmmer d'Méiglechkeeten, also muss hei dee Moment och op d'Privatwirtschaft zrëckgegraff ginn.

Wat engem nach besonnesch opgefall ass no deenen Héichwaasser - an ech schwätzen elo hei emol de Raum Rouspert un -: Dat ass op eng Manéier positiv, wann ee gesäit, wat fir eng Kraaft e Gewässer op eemol entwéckelt a wou et sech da selwer Raim zrëckhëlt. An da si mer bei der Problematik vum Opschëdden: Hauptsächlich, fir landwirtschaftlech Fläch ze wannen, gött oft opgeschott bis un den direkten Uferrand vun engem Gewässerlaf. Dat ass natierlech kontraproduktiv, dass ass evident: Dee Moment zwänge mer e Gewässerlaf nach vill méi an e Corselet an en huet nach manner Méiglechkeeten, fir sech ze entfalen. An dat ass net gutt!

A grad zu Rouspert - gitt emol eng Kéier dohinner

kucken, trëppelt emol do -, wou fréier Maisfelder waren, sinn déi elo wierklech ewechradéiert ginn op enger Breet vu 50 bis 100 Meter. An do gesäit een, dass sech e komplett neit Sediment entwéckelt huet: Do leien haut Steng. Do gesäit een also, dass déi Kraaft vun deem Floss sech do total entfaalt. An duerfir muss och d'Fro gestallt ginn, ob een net elo verstärkt soll vun der Geleëenheet profitéieren, fir sougenannten „Uferschutzsträifeprogrammer“ ze entwerfen, dass heescht, dass déi Uferen u sech herno praktesch broochleien. Ech si mer natierlech bewosst, dass do och direkt erëm en aner Medail-säit kënnt, an dat zemools dann, wa mer am Beräich vun enger landwirtschaftlecher Exploitation sinn. Mee da soen ech awer ganz éierlech hannendrun: Dann ass d'ëffentlech Hand och gefuerdert! Wann engem Bauer e Schued entsteet, well en net méi där e Feld, wat eeben direkt un e Gewässerlaf ustéisst, an deem Mooss exploitéieren, dann ass d'ëffentlech Hand gefuerdert, fir fir déi néideg Entschiedegung ze suergen. Mee mir mussen awer de Courage hunn, déi Diskussioun verstärkt ze féieren.

Dat selwecht göllt och fir nei Brécken, déi gebaut ginn. Och déi mussen an Zukunft vill méi no deene Gesichtspunkte realiséiert ginn.

An da schlussendlech nach ee Wuert zum Héichwaasserrisikomanagementplang. Do si jo 243 Mesurë zrëckbehalte ginn. Ech weess, déi kënnen net all vun haut op muer ëmgesat ginn. Wichtig wier allerdéngs, dass virun allem déi Mesuren, déi elo net esou e groussen Effort bedeuten, dann awer schnellstméiglech kéinten ëmgesat ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen op deen drëtte Punkt, ee fir mech och ganz wichtege: Dass ass de Volet vun der Roll vun de Gemengen, awer och vun de Bierger. Ech hunn d'Gemengen hei schon e puermol zitéiert. Och d'Gemenge mussen hire Beitrag nach verstärkt bréngen, well d'Gemengen hunn d'Méiglechkeet, Moosnamen ze treffen, déi am Sënn si vun enger besserer Retentioun vu Gewässer. An ech denken do virun allem un de Bannerraum an de Stied, an och an den Dierfer mussen zousätzlech gréng Espacen amenagéiert ginn. Et därfe keng Parkinge méi realiséiert ginn, déi nëmmen aus Bëton bestinn. Dass ass einfach Gëft am Kader vun Héichwaasser.

Et gött eng ganz Rei aner Méiglechkeeten, déi ee ka maachen. An ech weisen hei zum Beispill op Berlin. Berlin ass natierlech e bësseleche méi grouss wéi d'Gemengen hei zu Lëtzebuerg. Mee Berlin huet sech elo den Attribut „Schwammstadt“ ginn. Bon, dass ass eng gutt, eng intelligent Ausso, an ech mengen, mir sollen dat Beispill awer iwwerhuelen. Dass heescht, eng Stad wéi Berlin seet ganz kloer: „All Meterkaree, wou et méiglech ass, iergendwéi gréng Planzen ze amenagéieren, gréng Espacen ze amenagéieren, muss genotzt ginn!“ An dat ass effektiv wouer. An dass solle mir och an eise Gemenge maximal maachen.

En anere wichtige Punkt, dass sinn natierlech déi Héichwaasserpartnerschaften. Mir hunn der de Moment siwen; déi fonctionéieren zënter 2011. Ze bedauern ass allerdéngs, dass zum Beispill esou wichteg Gewässer wéi d'Mamer a wéi d'Äisch bis elo nach keng esou eng Héichwaasserpartnerschaft hunn.

Och de Bierger - an dass solle mir als Politiker, mengen ech, roueg och heiansdo e bësse méi haart kënnen soen -, och de Bierger huet, net nëmmen an deem heite Beräich, seng Verpflichtungen. Et ass net, fir dass ëmmer nëmme mam Fanger op d'Politik gewise gött. Déi huet d'Responsabilitéit, dass wëll ech guer net ofstreiden, mee och de Bierger ka viles derzou bäidroen.

Mir hunn eng Tendenz, an dass gesäit een op ganz vill Plazen, dass zum Beispill ronderëm d'Haiser ëmmer méi sougenannte „Steewüsten“ entstinn. Dass ass net nëmmen ekologesch eng Doudsënn, well sech doduerch eng Biodiversitéit iwwerhaupt net kann entwéckelen. Mee et ass och erëm eng Kéier déi Fonctioun vum Opsaugen, déi do ënnerbrach gött. An och do sollen d'Gemenge Courage hunn. An eng Gemeng, déi mer net unbekannt ass, huet zum Beispill hiert Baureglement ëmgeännert a seet ganz kloer: „Du därfs nëmme méi esou vill Prozent vun denger Fläch versigelen!“ An ech mengen, dee Wee solle mer och verstärkt goen.

Ech ginn e ganz einfacht Beispill: Eng Strooss vun 200 Haiser, dass ass kee Riseboulevard. Eng duerschneittlech Gemeng huet där Stroossen. Stellt lech elo mol vir, do géife virun all Haus nëmme fënnel Meterkaree erëm naturno gestallt ginn. Dann hätte mer herno eng Fläch vun 1.000 Meterkaree, déi erëm d'Méiglechkeet géif bidden, Waasser opzehuelen. Elo sot Der: „1.000 Meterkaree ass net vill!“ Mee ech hu vun enger Strooss geschwat. Et besteet also immens vill Potenzial, an dass muss och an Zukunft nach vill méi genotzt ginn.

Wat och nach kann um individuellen Niveau gemaach ginn, ass d'Opfänke vu Reewaasser, och do besteet ganz vill Potenzial. Et muss net all d'Reewaasser direkt iwwert d'Kanalisation an d'Kläranlag gefouert ginn. Glécklecherweis ass et

jo esou, dass, wann nei Lotissementer gemaach ginn, jo da muss den Trennsystem agefouert ginn, wat och eng ganz gutt Saach ass. Ech si mer awer natierlech bewosst, dass et schwéier ass, fir no-dréiglech de Mëschsystem ze eliminéieren an duerch en Trennsystem ze ersetzen. Dass ass vum logistesche Standpunkt hier an deene meeschte Fäll natierlech net ze realiséieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann zum leschte Punkt, dass sinn natierlech d'Renaturéierungen. Perséinlech sinn ech der Meinung: Do hu mer dee meeschte Potenzial! Do kënnen mer natierlech nach ganz vill maachen. Renaturéierung ass keng Symptombekämpfung, Renaturéierung ass eng Ursachebekämpfung. Sécher, och do därfe ee sech natierlech keng Wonner erwaarden, mee ganz kloer droen d'Renaturéierungen derzou bái. A wann ech gutt informéiert sinn, Madamm Minister, hutt Der och schon éischt Resultater - hauptsächlich, mengen ech, laanscht d'Sauer -, déi bewiesen, wat Renaturéierung kënnen bréngen. A wann et nëmmen 20 Zentimeter sinn! 20 Zentimeter kënnen extreem vill ausmaachen, soudatt mer do also mussen verstärkt drop setzen.

Et muss een awer ganz éierlech sinn: Mir dinn eis nach ëmmer schwéier! Ech wëll elo net hei pauschal soen, et wier näischt geschitt déi lescht Joren oder Joerzénngen. Dass wier net richtig. Et ass Munches geschitt, et ass Guddes geschitt. Et brauch een elo nëmmen hei - elo muss ech oppassen -, iwwert d'Al Bréck ze trëppelen, da gesäit een zum Beispill d'Péitruess, wou ee sech ëmmer d'Fro gestallt huet: Firwat ass do all déi Joerzénngen näischt geschitt? Mee elo gesäit een et: De Bagger steet do, et ass keng Risenaarbecht, mee et ass eng gewënnbréngend Aarbecht, déi do awer elo realiséiert gött.

En anert gutt Beispill: D'Gander zu Mondorf, déi op 300 Meter renaturéiert ginn ass, wou d'Wanterbett ëm 30 Meter verbreet ginn ass, wou u sech dann och 11.500 Meterkibb ewechgeholl ginn. An ech hu mer och do vun deene Verantwortleche soe gelooss, dass dat ouni Zweifel schonn e positiven Aspekt huet.

Wa mer natierlech iwwer Renaturéierung schwätzen, mussen mer dat och grenziwwerschreidend kucken. Et gött mat Sécherheet och eng ganz Rei Gewässerleef, wou een dat muss mat den Noperen duerchdiskutéieren.

Natierlech, ech weess, dass Renaturéierungen och net einfach esou ze realiséieren sinn. Mir sinn do ganz séier bei der Problematik vun der Acquisitioun vun Terrainen. Ech komme selwer aus enger Gemeng, wou mer elo iwwer 15 Joer amgang sinn, d'Uelzecht ze renaturéieren. Wat mengt Der, wéi vill an deene 15 Joer renaturéiert ginn ass? Ech soen lech ganz einfach: Kee Milimeter! Dass ass natierlech frustrant.

■ **Une voix.** - Dass kann dach net sinn!

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.** - Leider ass dat esou. Ech wëll awer direkt do soen - et muss ee sech jo ëmmer verteidegen -: D'Gemeng ass awer deen Acteur, deen do mat Sécherheet seng Roll richtig gespilt huet!

■ **Plusieurs voix.** - A!

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.** - Mee dass ass awer de Beweis, wéi schwéier mer eis heiansdo di mat Renaturéierungsprojeten, ...

(**Brouhaha**)

... an dass mer do awer mussen verstärkt usetzen. Mir sinn natierlech dann och erëm bei der Problematik vun der Acquisitioun vun den Terrainen. Also, als Liberale sinn ech dee Leschten, dee sech hei asetzt fir d'Enteegnung; ech wëll just drop hiweisen.

■ **Plusieurs voix.** - A!

■ **M. Michel Wolter (CSV).** - Dass hei ëmmer erëm jiddwereen dergéint ass!

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.** - Oh, Här Wolter, do muss ech mech awer nach ustrengen, fir an Är Liga matzekommen.

(**Hilarité**)

(**Coups de cloche de la présidence**)

Also dass, wat Der gëschter hei geliwwert hutt, do muss ech awer nach ganz vill vun lech léieren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.** - Klammer zou.

(**Brouhaha**)

Voilà! Klammer zou, jo.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Graas, fuert roueg weider.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.** - Mee dann, Här Wolter, da wëll ech lech awer och elo mol hei zitéieren, fir drop hinzeweisen, wéi wichtig d'Renaturéierung vun der Uelzecht ass. Do ass et en Innenminister ginn 2003, ...

(**Hilarité et brouhaha**)

Jo, dass Eenzegt ... Ech wëll net d'Kompetenz vum Minister vun deemools a Fro stellen. Dass Eenzegt, an ech soen dass haut och nach, obwuel ech deemools och derbái war, ech war awer net frou driwwer, dass d'Kompetenz vum Waasser am Interieur war. Den Här Halsdorf héiert dass och net gären. Mee ech sinn haut nach der Meinung, dass dass e Feeler war. Mee bon, passons-yl!

Mee den Här Wolter huet an engem „Telecran“-Interview gesot, ech liesen et hei vir - dass war am Juli 2003, ech gleewe kaum, dass Der lech nach kënnt erënneren -: „Die Renaturierung der Alzette, obwohl in erster Linie eine ökologische Maßnahme, führt zu einer Optimierung der Hochwasserschutzfunktion.“ Ma 100%eg Recht hat Der. Ech maachen lech elo kee Reproche, dass dass natierlech op ville Plazen net geschitt ass. Mee et ass awer de Beweis, dass mer eis, do ginn ech dervun aus, bal all eens sinn heibannen, dass mer grad op deem do Niveau nach müssen immens Efforte maachen.

An dass muss een och nach eng Kéier op d'Gesetz vun 2017 hiweisen, dass haut jo elo och ewell Privatprojeten eligibel sinn, wat d'Renaturéierung ubelaangt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann och zur Konkusioun. Eppes ass ganz kloer: Mir sti viru groussen Erausforderungen, wat eisen Asaz géint d'Héichwaasser ubelaangt. Ech hu versicht, elo hei e puer Pisten opzezeichnen. Natierlech ass dass alles anescht wéi vollstänneg. Mee ech mengen, et muss een awer draus eraushéieren, dass de politesche Willen nach muss verstärkt ginn, fir an Zukunft do nach méi aktiv ze ginn.

Natierlech si mer dann och ganz séier bei de Finanzen. Ëmweltschutz kascht, jo. Een, deen de Contraire seet, dee seet net d'Wouerecht. An ech fannen, och d'Politik soll éierlech sinn. Si muss dem Bierger dass soen. Et kritt een näischt fir näischt! Mee et därfe een awer net vergiessen: Dass, wat mer haut investéieren, an do bleiwen ech elo beim Héichwaasserschutz, dass sinn awer déi Suen, déi mer muer manner müssen ausginn, fir erëm Schied ze reparéieren - also ass en ekonomesche Gewinn bei där ganzer Iwwerleeung. Mee natierlech mussen mer awer och de politesche Courage hu fir ze soen: „Mir maachen et!“ An et kascht natierlech och Geld.

Duerfir sinn ech op déi Manéier och frou, dass d'Regierung jo wëlles huet, sech insgesamt méi fir de Klimaschutz ze aktivéieren. Dass hu mer an der Ried vun dem Staatsminister gesinn, dass hu mer och gesinn, wéi den Depot vum Budget hei war. Mir müssen natierlech och elo zu den noutwendegen Ëmsetzungen kommen.

Jiddefalls, ofschléissend wëll ech ganz kloer soen: Mir müssen eise Gewässer vill méi Autonomie ginn! Wa mer dat net maachen, da brauche mer eis net ze wonneren, wa mer nach vill méi oft wäerte mat esou groussen Héichwaasserkatastrophe konfrontéiert ginn, wéi dass Métt Juli de Fall war.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Graas.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

■ **M. Michel Wolter (CSV).** - Dass ass séier gentil, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, mir schwätzen dës Woch zweemol iwwert d'Héichwaasser, eemol en Dënschden, wou mer dass, wat ech eigentlech d'Phasen 3, 4 a 5 am Ofaf vun enger Naturkatastroph wéi Héichwaasser nennen, diskutéiert hunn. An haut diskutéieren mer dann iwwert d'Phasen 1 an 2.

Ech wëll ganz am Ufank vu menger Ried soen, dass ech dass bedauern, well ech fannen, dass een den Ordre du jour hätt kënnen esou organiséieren, dass een déi zwou Saache mateneen, zilféierend hätt kënnen gemeinsam ugoen an och diskutéieren. Well d'Konsequenz vun engem Héichwaasser ass intiment liiert mat der Fro, wéi d'Héichwaasser iwwerhaupt entsteet.

Et hätt eis et och erlaabt, d'Inneministesches ze héieren, déi ech haut hei de Mëtteg vermessen, déi sech net concernéiert spiert fir d'Phasen 1 an 2, wat e Feeler ass, well d'Inneministesches, dass heescht, d'Fro vun de Gemengen an d'Fro vun der Tutelle vun de Gemengen, e weesentleche Bestanddeel net nëmme vun der Reparatur nom Héichwaasser ass, mee och virun allem vun der Preventioun, déi soll gemaach ginn, éier d'Héichwaasser geschitt.

Et ass schued, well ech hunn eng Rei Punkten, och ee weesentleche Punkt, op deen ech méi spéit a menger Interventioun kommen, wou et wichtig gewiescht wär, dass d'Inneministesches hir Meinung dozou gesot hätt. Leider huet se de Mëtten de Wee an d'Chamber net fonnt, well se sech héchstwar-





scheinlech net ugesprach gefillt huet vum Sujet. An da wäert déi aner Ministesch eis soen, dass dat net an hirem Kompetenzberäich géif leien.

■ **Une voix.**- Dann ass se net gefrot ginn!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Jo, wa se net gefrot ginn ass, dann ass dat och e Problème d'intendance, well de Problem vum Héichwaasser eeben net nëmmen e Problem ass vum Ëmweltministère. De Problem vum Héichwaasser ass e weesentlech méi breede Problem, eng weesentlech méi breet Problematik wéi déi, déi dann elo hei reduzéiert gëtt eigentlech op den Domän vun der Madamm Dieschbourg.

Dat ass leider net geschitt. Ech wëll dat bedauern. Ech wäert mech dann zum Sujet vun haut artikuléieren an, well et e Sujet ass, dee mech scho méi wéi 25 Joer extreemst passionéiert, da meng Iwwerleeungen an deen Domän wëllen afléisse loossen.

Wéi déi meesch vun lech nach wëssen, war ech quasi an all Domän, deen hei zur Diskussioun steet, eng Zäit mat responsabel an der Regierung. Ech war Inneminister, also fir de Volet vun de Gemengen, ech war Waasserminister zu där Zäit, wou d'Waasser nach am Interieur war. An do wëll ech dem Här Graas direkt soen, dass et net wichteg ass, wien Titulaire ass vun engem Ministère, mee dass et wichteg ass, wat ënnert där Tutelle en fin de compte geschitt.

Dir kënnt déi richteg Enveloppe dropsetzen, wann am Inhalt, also wann an der Enveloppe, näischt dran ass, jo, dann hutt Der net vill geschafft! Dir kënnt awer d'Saach och deen anere Wee ugoen a Resultater kréien, an dann hutt Der e gutt Resultat!

Ech wëll déi Diskussioun net weider verdéiwen, mee et ass wierklech net den Titulaire, deen d'Politik mécht, mee et ass, wéi an esou villem, en Zesummespill vu ville Verwaltungen a vu ville Ministären a vu ville Gemengen, dat et mat sech bréngt, ob een op e gréngen Zweig kënnt oder net.

Well ech bei Héichwaasserkatastrophen derbäi war, 1995 notament - et ware mat déi éischten Deeg, wou ech an der Regierung war -, well ech responsabel war fir d'Pompjeeën a well ech och responsabel war fir d'Gemengen an och haut säit eelef Joer Buergermeeschter si vun enger Gemeng, déi elo vun e puer Katastrophen an de leschte Jore getraff ginn ass, sinn ech fundamental der Meenung, dass een aus all Katastroph muss léieren. Et muss ee probéieren, positiv Erkenntnisser doraus ze zéien. Déi Erkenntnisser, déi kann een awer net zéien, wann ee sech nëmmen op sech selwer reduzéiert. Déi Erkenntnisser kann een och net zéien, andeem een nëmmen déi, déi eigentlech en charge ware vum Dossier, freet, ob si zefridde ware mam Oflaf vun deem, wat si gemaach hunn, wéi d'Katastroph war. Eng uerdentlech, éierlech, onofhängeg Etüd driwwer, déi net necessairement a Scholdzouweisungen endegt, mee kuckt, wou Schwaachstelle sinn, déi objektiv do waren no enger Katastroph, dat ass fir mech de Wee, deen ee muss goen, an aler Objektivitéit a mat alle Sensibilitäten, déi dat natierlech mat sech bréngt.

A well ech vläicht aneschtens ticke wéi aner Leit, hunn ech mer erlaabt, 2019 de Kontakt ze siche mam Haut-Commissariat à la protection nationale. Als Buergermeeschter, dee concernéiert war, hunn ech net drop gewaart, bis iergendeen eng kéier géif bei mech kommen, op eng Foto oder op eng Reunoun, mee ech hunn e Bréif geschriwwen. Ech hu gesot: „Mir géife gäre bei lech kommen, fir Konklusiounen aus deem ze zéien, wat gutt gelaf ass, an och aus deem, wat manner gutt gelaf ass.“ Mir haten déi Entrevue, mir haten zwou Entrevuen.

Ech hunn awer leider d'Impressioun, mat deem, wat ech héieren hunn an deene leschte Wochen, dass net all d'Konklusiounen gezu gi sinn aus deem, wat eigentlech hätt missen als Konklusiounen gezu ginn. Ech wëll awer net weider drop agoen, well ech 2019 och drop verzicht hunn, fir Pressekonferenzen ze organiséieren, ech sinn awer nodréiglech an noweislech och der Meenung, dass bei deene Katastrophen, déi mer elo haten, verschidde Léieren aus de Katastrophe vun 2019 net gezu gi sinn, wat ech bedauern. Well et kënnt deen Dag, wou mer eng kéier eng Katastroph kréien, déi net esou gutt ausgeet wéi déi zwou lescht, déi mer haten. An dofir wëll ech et och gesot hunn, dass Propositionen formuléiert gi sinn 2019. Et sinn och Propositionen 2021 formuléiert ginn. Wann déi natierlech net ëmgestalt ginn um Terrain, eigentlech an der Gestiou vun enger Katastroph, da läit dat an der Responsabilitéit vun deenen, déi dat net maachen respektiv déi verhënneren, dass doriwwer gekuckt gëtt.

Dofir hunn ech och 2021 net gewaart, dass ee géif bei mech kommen, mee mir hunn no där éischter Héichwaassersituatioun de 14. Juli de Kontakt opgehol mam Waasserwirtschaftsamt, fir bei si ze goen a fir ze soen: „Kommt, mir zéien emol e Bilan! Wat ass dann an eiser Gemeng geschitt? Wien hätt kënne wat maachen am Virfeld vun der Katastroph respektiv wat musse mer elo maachen nodeem?“

Dunn hate mer jo nach deen aussergewöhnleche

Problem, dass mir zu Käerjeng gläich zweemol dann derbäi waren, well mer och nach esou eng lokal Schauer 14 Deeg drop kruten, déi Leit vu Lénger. Déi aner Leit aus dem Land hunn dat net esou matkritt. Dat war net esou mediatiséiert. Mee tëschent Lénger a Betteng war och nach eng kéier eng riseg Schauer, wou innerhalb vun zwou Stonnen, mengen ech, 60 Liter op de Meterkaree gefall sinn, wat et mat sech bruecht huet, datt et an eiser Gemeng, an der Gemeng Garnech an an der Gemeng Dippech zu gréissere Verwerfungen komm ass.

Mir hunn de Kontakt gesicht. Mir hate Reunione mam Waasserwirtschaftsamt, déi ganz positiv waren, dat muss ech soen. Mir hunn eis ausge-tosch. Mir hunn och op Schwaachstellen higewisen, déi mer an de Gesetzgebungen an an de Reglementer gesinn hunn.

An ech wëll och déi eng oder aner Propos elo hei maachen, dat ass dann esou mäi klenge Punkt, ob-schonn ech weess, dass d'Verwaltung mat deene Proposen entre-temps, vu datt mer se jo formuléiert hunn an der Reunoun, schonn d'accord ass an och hiren Accord dozou ginn huet.

Ech wëll et trotzdeem hei nach eng kéier erklären, well dat, wat mer eigentlech gemeinsam do elo fir eis Gemeng festgehalten hunn, Modellcharakter fir aner Gemenge kann hunn an, wourëm et mir eigentlech geet, zu enger Verbesserung vun der gesetzlecher a reglementarescher Basis ka bäidroen, wat dës Situatioun betrëfft, fir déi kënne ze reegelen.

Wann ech mat Bléck op déi Saach schwätzen, ass et haut aneschtens, géif ech soen, wéi 1995, wéi ech an d'Waasser geheit gi si vun där Problematik, façon de le dire, wéi ech schonn zu lechternach notament war an och op anere Plazen deemools. An et ass esou, dass mer haut en zweete Phenomeen hunn, dee mer deemools an där Envergure net kannt hunn.

Et ass schonn esou, och a menger Gemeng, dass eng Baach, déi haaptsächlech beträff ass, mol iwwert d'Ufer gaangen ass, dat war dann 1917 eng kéier de Fall, et war 1943 eng kéier de Fall. Mee et stellt een awer fest, dass niewent dem klässeschen Héichwaasser, wat mer säit 1995 ganz intensiv betreiben, och reglementaresch - an och do sinn ech mam Här Graas absolut net d'accord a senger Analys, dat muss ech wierklech soen -, de Phenomeen vum Staarkreen e Phenomeen ass, dee rezent méi oft ass. Also, en ass net méi rezent, et ass en ëmmer ginn, mee en trëtt méi heefeg op, an duerch de Fait, dass e méi heefeg optrëtt, bleift en dann an der Memoire vun de Leit méi hanken.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Här Wolter, genau dat doten hunn ech gesot.

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech sinn absolut net d'accord mat der ...

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Genau dat do hunn ech gesot! Dann hutt Der mer net nogelauschert!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech sinn absolut net d'accord mat der Analys vum Här Graas, wann en notament den Artikel 39 vum Waassergesetz attackéiert, well dat fir mech ee vun deene wichtigsten Artikelen ass, dee mer och onbedéngt bäibehale mussen. Well wann ech nämlech d'Kombinatioun vu Waasserretentioun a Buedemversigelung kucken an ech bréngen et fäerdeg, op Plazen, wou Héichwaasser ka kommen, awer esou ze bauen, dass och bei engem 100-järeg Reen d'Waasser net kann dohinnerkommen, hunn ech perséinlech iwwerhaupt kee Problem domat.

Ech ginn lech e Beispill. De Cactus zu Angelduerf, dee steet an esou enger Zon. Do ass dat absolut ausgeschloss, ausser d'Waasser géif elo nach eng kéier 600 Meter méi héich kommen. Deen ass gebaut ginn no gewëssenen Normen. De Cactus zu Käerjeng ass 1999 op den déifste Punkt vun der Gemeng geluecht ginn, mat engem wonnerbare Sous-sol, wou d'Leit nach mussen derduerchfueren, wa se Richtung Péiteng wëlle fueren.

Wat ech also wëll soen, wann ech déi zwee - pardon, dass ech elo de Betrib genannt hunn, dee Betrib, deen e pickege Logo huet ...

(Hilarité)

Wann ech also kucken, op där enger Plaz ass ee gebaut ginn no den Norme vun 1999 an op där anerer Säit ass ee gebaut ginn no den neien Normen, déi den Artikel 39 vum Gesetz implizéiert huet, da sinn ech an enger Situatioun: Wann ech dee Betrib zu Angelduerf net do gehat hätt, da misst ech jo op enger anerer Plaz Buedem versigelen. Mee dann hunn ech dach léiwer, ech versigelen en do an ech bréngen et fäerdeg, datt eng intelligent - dat awer als Viraussetzung: eng intelligent! - Applikatioun vum Artikel 39 gemaach gëtt.

A wann den Här Graas dann d'Beispill vu senger Gemeng hält an e seet: „Do hu mir opgrond vum Artikel 39 e Lotissement geneemegt an déi sinn elo alleguerten iwwerschwemmt ginn“, dann, ouni d'Lotissement ze kennen, ginn ech dervun aus, dass dat net no de Reegele vum Gesetz, nom Artikel 39

gebaut ginn ass, well soss wär dat nämlech net méiglech.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Wolter, erlaabt Der, datt den Här Graas lech eng Fro stellt?

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Nee, ech erlaben dem Här Graas dat herno.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Nee, nee, Dir sot hei Saachen, déi net stëmmen. Dat do hunn ech iwwerhaupt net gesot!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech zitieren lech genau, wéi Dir et gesot hutt.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Nee, nee, nee! Dann hutt Der mer net richteg nogelauschert. Ech hu geschwat vun engem Lotissement - wat scho vill gesot ass -, enger Rei Appartementer oder Haiser, déi an enger Zone inondable adjacente gebaut gi sinn, also net an enger Zone inondable. Ech hu just gesot, datt déi eeben dës kéier elo méi beträff ware vum Héichwaasser.

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Mee da war et jo net am Artikel 39.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Nee.

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Dir hutt awer gesot, den Artikel 39, dee misst een a Fro stellen.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- An dem Artikel 39 geet et ëm d'Zone-inondable, dat hei ass keng!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- An do hutt Der dat dote Beispill ginn.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Nee, Dir sot dat hei! Mir schwätzen net vun enger Zone inondable an deem Fall hei.

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Gutt.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Jo, net nëmme gutt, dat ass esou.

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Nee, dat ass esou. Mee Dir hutt awer ...

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Dat ass och esou. Da sot net de Contraire!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Nee, Här Graas, Dir hutt et als Beispill ginn, fir den Artikel 39 ze attackéieren.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Nee, Dir hutt mir net nogelauschert. Dat ass net wouer!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- An ech ginn et als Beispill, fir den Artikel 39 ze verteidegen.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Ma nee, dat heiten huet iwwerhaupt näischt mam Artikel 39 ze dinn.

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- D'ailleurs hutt Der nach eppes aneres gesot.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Et huet guer näischt mam Artikel 39 ze dinn!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Wann ech elo scho bei lech sinn, wat wierklech net richteg ass an Ärer Interpellatioun: Dir behaupt, zu lerpeldeng wär eppes gebaut ginn, nämlech eng Mauer, wat potentiellement de Problem bei aner Leit géif bréngen. Dat ass net wouer!

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Dat hunn ech och net gesot!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech war selwer Inneminister.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Also, Här President, ech fannen hei ginn awer elo Saache vum Här Wolter behaupt, déi ech iwwerhaupt net gesot hunn!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Jo, mir kënne de Wording nokucken.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Nee, esou diskutéiere mer net!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Jo, jo.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Ech hu just gesot: Et muss an engem Gesamtkonzept gesi ginn. Ech hunn net eng eenzel Moosnam duergestallt, wéi wann déi sech dee Moment géif nodeelhaft an enger Nopeschgemeng entwéckelen.

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Ma déi dote Measure ...

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Ee Moment, wannechglif! Ech schwätzen! Ech hu just gesot ...

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Här President, Här President!

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Ech hu just gesot ... Et muss awer richteggestallt ginn!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Graas huet d'Wuert weinst Fait personnel. An den Här Graas huet elo d'Recht, fir awer drop ze äntweren.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Jo. Also, wéi gesot, nach eng kéier: Här Wolter, ech hu ganz kloer gesot, déi Moosnamen do, déi mat Sécherheet kënne hire positiven Effet hunn ...

(Interruption)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Graas huet nach d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- Mee si mussen awer an engem Gesamtkonzept ... An ech hunn zu kengem Moment hei gesot, datt déi Moosnamen, déi an der Gemeng X gemaach gi sinn, datt déi automatesch en Nodeel op d'Gemeng Y hätten. Dat hunn ech net gesot!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- An ech kann lech genau soen ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Elo kritt de Minister d'Wuert zrëck ..., euh, den Här Wolter d'Wuert zrëck.

(Hilarité)

■ **M. Gusty Graas (DP), interpellateur.**- De fréiere Minister!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Et war e léiwe Lapsus.

(Hilarité)

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, Dir hutt d'Gab, fir an d'Joer 2050 ze kucken.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Nee, et ass dee fréiere Minister.

(Hilarité)

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Wat ech wëll soen, dat ass, datt deemools, well ech jo nach do derbäi war, dat war mam Buergermeeschter Rassel deemools ... Ech ka mech nach ganz gutt erënneren, wéi mer doriwwer diskutéiert hunn, dat ass, datt do all Meterkibb kompenséiert ginn ass. Et ass also genau gekuckt ginn, ob déi Mauer, déi do géif kommen, sech géif an e Gesamtkonzept, wat lokal, regional an national wier ... Do ass net eng Mauer gebaut ginn ouni Kompensatioun!

Dat ass näischt Neies! Dat si Punkten, déi mir säit iwwer 20 Joer an der Lëtzebuerger Politik konsequent ëmsetzen, wann op enger Plaz eppes geschitt, datt am Virfeld gekuckt gëtt, datt et kompenséiert ass, fir datt et eeben net zu Dikrech an an den Uertschaften hannendrun zu enger negativer Konsequenz géif kommen.

Mir hunn also mam Staarkreen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en neie Phenomeen. Mir hunn och domadder eng nei Kategorie vu Gemengen, déi beträff sinn. Ech war ganz interesséiert, mam Kolleg Haagen vun Dikrech an der Chamber an och an der Kommissioun driwwer ze diskutéieren, dee mer seet: „Ma villes vun deem, wat Dir elo sot, dat kenne mir.“ Jo, dat kennen déi Gemengen, déi vum Héichwaasserrisiko beträff waren, déi eng laang Erfahrung doranner hunn. Déi wësse verschidde Saachen. Mee mir kréien elo eng nei Kategorie vu Gemengen, déi beträff sinn, déi déi doten Erfahrung net hunn, déi net wëssen, wann de Knäppchen A gedréckt gëtt, datt se da musse B, C, D, E maachen. Dat heescht, et ass extreemst wichteg a mengen Aen, datt een deen neie Phenomeen mat op d'Landkaart hält an en och eeben am Zesummespill tëschent dem Staat an de Gemenge mat eranhält.

De Schued bei Staarkreen, ech géif mech wëllen e bëssen dorobber konzentréieren, well ech effektiv - den Artikel 38, ech kommen herno nach eng kéier ganz kuerz zrëck op déi ganz Fro vun Héichwaasser - der Meenung sinn, datt mer déi reglementaresch gutt kennen, och elo déi nei Avisen, déi mer musse maachen iwwert deen neien zweete Plang, deen do soll kommen. Dee weist jo, datt och de Staat probéiert, vu 15 op 17 lues a lues déi Flëss, déi eigentlech vum Héichwasser beträff sinn, „an de Grëff“ - entre guillemets - „ze kréien“, fir d'Phenomeener ze verstoen a fir eeben och d'Konsequenze kënne ze zéien.

Mee déi Staarkreensituatioun, déi emol op där enger Plaz, emol op där anerer Plaz, emol, wéi dat dann eeben de 14. de Fall war, op ville Plazen komm ass, dat ass en neie Phenomeen. An eng Analys, déi ech gemaach hu vum Gesetz, seet mir, datt mer dee Phenomeen ongenügend an eisem legislativen Dispositiv haut betreiben.

De Schued entsteet bei Staarkreen haaptsächlech jo iwwer Baachen, mee en entsteet och iwwer Grief, Grief, wat eigentlech keng Baache sinn, déi permanent flëissen, mee déi sech fülle mat Waasser, wat normalerweis aus Hannerlagen dohinnerkënnt an engem Moment vu staarkem Reen.

Ech maachen eng Klammer op: Fréier war et esou, datt et kloer war, datt d'ASTA déi Grief géif betreiben. Dat schéngt mer an deene leschte Joren net méi op alle Plazen evident ze sinn. Dat ass och eng vun de Froen. Ech hat se e bësse méi spéit opgeworf, du wollt ech se stellen. Mee ech stelle se dann elo op där Plaz: wéi eigentlech d'Regierung gedenkt, mat der Problematik vun de Grief, déi am Fall och vu menger Gemeng - et ass ee jo ëmmer méi no bei sech selwer wéi bei deenen aneren, mee et kennt een dann d'Phenomeener awer besser - eng ganz wichteg Roll gespillt hu bei den Iwwerschwemmungen, ëmzegoen, wou mer einfach festgestallt hunn, datt eng ganz Rei vun deene Griewer am Laf vun de Joren an de Joerzénkten elo verlant sinn, well se





eeben net méi esou ënnerhale ginn, wéi se eigentlech missten ënnerhale ginn.

Ech soen elo eppes, wat ech am Fong am Prinzip net oft soen: Ech hunn och kee Problem domadder, datt d'Gemengen dat an hir Kompetenz kréien. Mee da muss et kloer sinn, datt d'Gemengen et an där Kompetenz hunn. An da mussen d'Gemengen och déi Moyene kréien, finanziell an humain, fir dat dann ze maachen, wann dann eng Verwaltung, déi eigentlech den Opdrag ëmmer hat - esou hunn ech dat verstanen, dat steet net am Wasserwirtschaftsgesetz dran -, déi Responsabilitéit net méi wëllt oder net méi kann iwwerhuelen. Et muss een also dann eng Kéier analyséieren. Et muss ee kucken, net nëmmen a menger Gemeng, mee eigentlech a ville Gemengen: Wat ass d'Politik fir d'Zukunft, wann et ëm d'Grief geet?

An dat selwecht ass bei de Baachen. D'Baache sinn definéiert. Dat ass den Artikel 36 vum Waassergesetz. Ech hu mer deen Artikel ugekuckt. Ech hunn deen och laang diskutéiert an där Entrevue, déi ech mat der AGE hat.

Fir mech ass et kloer, wann ech d'Artikele 35 a 36 vum Waassergesetz kucken, datt d'Responsabilitéit vum Entretien vun den Eaux de surface, also vun de Baachen, beim Staat läit. Et geschitt ënner senger Koordinatioun an ënner senger Surveillance, an am Punkt (4) vum Gesetz och ënner sengem finanzielle Support: « Les frais occasionnés par les travaux d'entretien sont supportés par l'État. »

D'gesetzlech Grondbasis ass also kloer. Den normalen Entretien gëtt vum Staat gemaach. Duerch seng Verwaltungen ass en ze assuréieren, quitte datt déi Verwaltungen net ëmmer à même sinn - mee dat ass nees en anere Punkt vun der Diskussioun. Da musse mer also kucken an Zukunft: Wéi brénge mer et fäerdeg, wann dee Phenomeen méi verbreet gëtt, datt d'Verwaltung dat ka maachen? A wann d'Verwaltung dat net ka maachen, da musse mer kucken: Wie kann dat da maachen? Mee d'Basis ass fir mech kloer.

Da kënnt de Fall 2. De Fall 2 ass: Du hues eng Demande. Deen ass toiséiert duerch d'Artikele 35 a 36 vum Gesetz. An déi soen: Wann dann eng Gemeng oder e Particulier eng Demande mécht, déi sech ergëtt aus dem Artikel 35, nämlech datt ech de Waasserlaf do op iergendeng Aart a Weis tangéieren - soe mer et emol fein -, da muss ech eng Demande maachen. Ech muss se virfinanzéieren an de Staat ka se subventionéieren. Dat ass dann den Artikel 65, mengen ech elo aus dem Kapp, wou verschidde Méiglechkeete stinn.

Or, mir hu festgestallt, Madamm Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an der Vergaangenheet, datt deen Artikel „sujet à grande discussion“ ass. Et ass esou, ech kann och nees nëmmen d'Beispill vu mir ugin, datt mir eigentlech bis zum 14. Juli gesot kritt hunn, datt mir eis aus de Baachelef erauszehalen hätten. Mir dierfte virun de Brécken an hannert de Brécke fënnef Meter maachen a fir de Rescht wär d'Wasserwirtschaftsamt responsabel, wat d'ailleurs konform ass mam Gesetz.

Wann s de awer eng Demande gemaach hues beim Wasserwirtschaftsamt, fir e Courage ze maache vun enger Baach - mir hunn eng Baach, déi eng extrem héich Sedimentatioun mat sech bréngt -, dann ass d'Spill ugaangen. Mir hunn tëschent 2011/2012 an 2016/2017 quasi scho gebraucht, fir datt am Environnement tëschent zwou Administratiounen ... Dofir ass et relativ egal, wou d'Waasser ass a wou den Environnement ass. Souguer, wa se am selwechten Haus sinn, an déi Leit, déi kréien dat net op een Nenner, dann ass et schwierig, fir zu enger Konklusioun ze kommen.

A fir mech ergëtt sech d'Schwieregkeet vun der Konklusioun eigentlech aus der Definitioun, déi am Artikel 36 vum Gesetz ginn ass, wou op där enger Säit als Zil ass: « de maintenir l'écoulement libre des eaux, surtout par temps de hautes eaux, si ceci est nécessaire pour garantir la sécurité des biens et des personnes ». Et ass also zumindest am innerstätesche Beräich e klore Message opgrond vum Artikel 36, fir d'Baache fräizehalen, fir sécherzestellen, wann eng „haute crue“ kënnt, datt d'Waasser esou séier wéi méiglech duerch d'bewunnt Gebitt ka fléissen, fir datt hei kee Schued kënnt.

An zwee Abschnitter hannendru steet: « Les travaux d'entretien doivent tenir compte des objectifs environnementaux visés à l'article 5 de la présente loi. » Dat seet eigentlech, datt s de esou mann wéi méiglech dierfs maachen.

Ech mengen, et ass an deem Widdersproch, deen eebe besteet - deen huet schonn zu menger Zäit bestanen, e besteet manifestement nach ëmmer -, wou e Problem ass. An de Fait, datt de Ministère e „Facilitateur“ - esou nennen ech dat dann - entretemps agesat huet, fir ze kucken, tëschent de Verwaltungen eigentlech esou „go between“ ze spillen, fir ze kucken, zu enger Konklusioun ze kommen, seet mer eigentlech am Gefill, datt mer net do sinn opgrond vun der Definitioun, datt mer déi verschidde Saachen, iwwert déi mer eigentlech do sollen diskutéieren, net propper tangéieren an dofir

vläicht zum Deel - zum Deel! - net, op jidde Fall emol am innerstätesche Beräich, zu deene Konklusiounen kommen, déi mer gären hätten.

Ech menge ganz éierlech, dat hunn ech dem Wasserwirtschaftsamt och proposéiert, datt ee soll Konventiounen mat deenen eenzelne Gemengen, déi concernéiert sinn, ofschléissen, en attendant, datt ee vläicht d'gesetzlech Basis eng Kéier géif iwwerdenke fir ze kucken, d'Kompetenzen an d'Kompetenzberäicher vun deenen eenzelnen nei ze definéieren, wann ee mengt, datt dat soll sinn, mee datt ee kloer an enger Konventioun definéiert, wat deen ee mécht a wat deen anere mécht a wéi och d'finanziell Stréim do lafen.

Well de Prinzip muss bleiwen: « Les frais occasionnés par les travaux d'entretien sont supportés par l'État. » Dat muss de Prinzip bleiwen! Datt ech e Virfinanzement maachen als Gemeng, domadder kann ech liewen. Datt ech iwwer Konventioun eppes regelen, wou ech soen: „Ech maachen dat dann elo an da kréien ech d'Suen an engem rasonabelen Delai vum Staat zrëck“, dat ass net mäi Problem.

Mäi Problem ass just, datt et „en l'état actuel des choses“ net kloer definéiert ass, wann d'Bierger bei de Buergermeeschter kommen a si soen: „Déi Baach do ass komplett verlant. Kënne mer déi net emol eng Kéier nees op en Niveau bréngen, deen e bëssen anescht ass?“, d'Verwaltung dat haut ugesäit, wéi wann ech eng „demande par la commune“ géif maachen, a seet: „Dir musst dat doten elo finanzéieren“, während ech soen: „Dat doten ass den Entretien normal vun Ärer Baach, déi Dir am Prinzip ze maachen hätt, mat där mir als Gemeng eigentlech näischt ze dinn hätten.“

Also, mäin Opruff Nummer 1, meng Proposition Nummer 1, ganz konkret, wär eigentlech déi fir ze soen: Kommt, mir kucken, datt mer deem Artikel 36 op eng flott Aart a Weis neit Liewe kënnen anhauchen, fir d'Responsabilitéit vun deenen engen a vun deenen aneren esou ze gestalten, datt jiddereen à tout moment weess ... Ech soen dat aus engem weesentleche Grond, dee mir iwwerhaupt an der Politik enorm um Häerz läit: Dat ass d'Fro vun der Responsabilité civile!

Mir kréien, ob mir et wëllen oder net, fréier oder spéider d'Fro vun der Responsabilité civile de l'État ou des bourgmestres op där heiter Fro gestallt, well iergendwann eng Kéier een op d'Gericht wäert goen a soen: „Dir hutt Är Aarbecht net gemaach! Dir hutt Är Aarbecht am Virfeld net gemaach!“

Nu sinn ech dee Leschten, deen net weess, datt et net duergeet, fir nëmme mam Bagger duerch d'Baach ze fueren, mee datt een eng ganz Rei Saache muss complementaire maachen, wann ee gären hätt, datt een zu sengem Zil kënnt. Mee mam Bagger heiansdo duerch d'Baach ze fueren, besonnesch bei deene Baachen, déi vill Sedimenter mat sech bréngen, ass een Deel vun der Lösung.

An ech muss lech ganz éierlech soen: Dat dreift mech dozou, datt ech net gären als Buergermeeschter vun der Gemeng eng Kéier virun engem Riichter géif stoen, well e Bierger vu menger Gemeng seet: „Mee Dir hutt eigentlech Är Aarbecht net gemaach!“ Et ass iwwregens dat, wat d'Bierger jo ufänken ze soen. An ech als gudde Buergermeeschter soen: „Mee liest emol den Artikel 36 vum Ärem Gesetz! An deem steet kloer an däitlech dran, datt de Staat de Responsabelen ass, fir den Entretien ze maachen.“

Dofir ass et absolutt unabdingbar, datt mer d'Relatioun tëschent dem Staat an de Gemengen um Niveau vun der Responsabilitéit, vum Entretien - wie mécht se, a wat fir engem Moment, wéi oft, no wat fir enge Krittären? -, datt mer dat duerch eng propper Konventioun gereegelt kréien.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Michel Wolter (CSV).** - Ech kommen dann op déi .. En dehors vum Courage ass et eppes Zweetes, wat muss geschéien. An ech mengen, datt d'Ministesch och do amgaangen ass, Iddien ze developéieren. Wéi mir d'Entrevue hate bei der AGE ... Ech entschëllege mech. Ech si 37 Joer am Secteur an ech hu selwer dobäi gehollef, fir déi Gesetzter hei auszeschaffen. An ech wousst net, datt den Artikel 38 sech just op d'Héichwaassersituatioun géif bezéien.

Ech si wierklech dervun ausgaangen, datt den Artikel 38 sech potentiellement och op Starkregen-situatiounen um Niveau vun de Baache kéint bezéien. Ech sinn dunn an der AGE ëmgedréit gi mat Argumenter, déi ech an der Entrevue verstanen hunn, datt dat effektiv esou ass.

An et ass dofir, wou ech soen, datt eis am Gesetz eppes feelt. Et feelt eis eppes, well - an do wär elo d'Interieursministesch extrem wichtig gewiescht an der Diskussioun - den 38 bréngt eng Servitude mat sech. Déi Servitude besteet doranner, datt, wann ech an deem Héichwaasserkadaster do dra sinn - dee jo elo erneiert gëtt, erweidert gëtt dann och op d'Kor an op aner Flëss -, dann hunn ech eng Servitude. An dat ass dat: Déi Zon superposéiert sech dem PAG vun der Gemeng - automatesch!

Or, wann ech natierlech net am 38 dra sinn, well d'Verwaltung mer seet: „Ma, den 38 ass guer net geduecht dofir“, an ech hunn d'Situatioun awer vun engem Starkregen, d'Situatioun vun enger Baach, wou ech eng Etüd géif maachen, an déi Etüd géif erausfannen, datt do Deeler vu menger Gemeng, eigentlech um Territoire vu menger Gemeng, och missten aus der Zon erausgeholl ginn, zumindest emol fir déi Gebaier, déi nach net gebaut sinn, fir déi Deeler, déi nach net gebaut sinn, da wär et awer wichtig, eng Äntwert ze kréie vun der Regierung, wéi se sech virstellt, dat ze maachen.

Well wa mer dat net maachen, da si mer jo an der Situatioun - déi ech och schonn hat, déi aner Buergermeeschteren och schonn haten -, datt ech e besteeënde PAG hunn: Et kënnt e Promoteur, de Promoteur baut eppes do, an opgrond vun der besteeënder reglementarer Basis sinn ech esou gutt an ech ginn deem eng Baugeneemegung. Ech kann deen natierlech nach drop opmierksam maache fir ze soen: „Hei de Bauer niewendrun, dee mécht eis drop opmierksam, deen huet kee Keller ënner em. Dee weess, firwat datt e kee Keller gemaach huet.“

Wann de Promoteur säi Keller dann awer wëllt bauen a wann e seng Heizung awer an de Keller setzt, obscho mir zu em soen: „Setz se wannechgelift op de Rez-de-chaussée!“, da misst ech jo mäi Reglement, ech misst mäi PAG änneren. Or, ech hu keng Zon. Ech hunn à ce stade keng Zon - esou gesinn ech dat -, well ech net am 38 sinn, fir déi doten Zort vun och Héichwaasser, wat awer Iwwerschwemmungs- oder wat och ëmmer -zone sinn, fir déi eigentlech a mäi PAG eranzehuelen.

Dofir wär meng konkret Proposition un d'Ministesch gewiescht - Dir kënnt déi Proposition mathuelen, fir et analyséieren ze loossen -, wéi een déi Zonen, déi net ënnert dem 38 leien, eventuell behandle kann an dem PAG vun deenen eenzelne Gemengen, datt d'Gemengen d'Méiglechkeet hunn, fir Servituden anzeféieren, déi se elo nach net hunn.

Wat awer méi wichtig ass a wat am 38 och net dran ass, datt ass, datt ech eigentlech gären hätt, datt déi Baachen, iwwert déi mer do schwätzen, enger seriöser Etüd ënnerleien - „ënnerluecht ginn“, mengen ech, misst och richtig sinn, „ënnerluecht ginn“ - an Zukunft.

Dat heescht, meng Revendicatioun, wéi ech bei der Verwaltung war, war déi, ze soen: „Ma déi Baach do ass elo a 14 Deeg zweemol eriwiergaangen. Kommt, mir maache wannechgelift eng Etüd - ech nennen dat ‚hydrologique‘, et ass e falschen Terme, ech ginn dat zou, ech kenne kee besseren -, wou ech eigentlech d'ganz Aflossgebit vum där Baach kucken, wou ech kucken: Wéi kënnt d'Waasser, op wat fir eng Aart a Weis?“

Iwwregens ass jo eng Baach net gläich eng Baach. Et gëtt Baachen, do sinn der, déi kommen - och zu lechternach, d'Madamm Hartmann gëtt mer Recht - duerch d'Fielsen erof an da sinn déi quasi innerhalb vun 100 Meter ënnen ukomm. Déi Situatioun hu mir bei där Baach, iwwert déi mir schwätzen, och. Aner Baache komme Kilometeren duerch d'Gewan gefloss. Do ass d'Situatioun anescht.

Et gëtt also Baachen, do kanns de Héichwaassermesurén maachen. Et gëtt awer Baachen, bei deenen ass et ganz schwéier, Héichwaassermesuren ze maachen, ganz einfach, well deng Contraintes de terrain der et net erlaben.

Mee fir datt mer emol iwwerhaupt dohinnerkommen, misste mer eng Etüd maachen. An och do hätt ech eng Propos ze maachen. Dat wär déi, datt de Ministère géif e Plang opschaffen aus den Erkenntnisser, déi elo do sinn, fir ze soen: „Hei sinn déi 10, 15 oder 20 Baachen am Land, wou mer elo gesinn hunn, datt mer deen ...“ Well och dat kënnt Der jo net alles an engem Dag maachen. Och do musst Der lech jo Zäit ginn, d'Méiglechkeete gi fir ze soen: „Wou sinn déi prioritär?“

A mir maachen nom selwechte Raster, no de selwechte Vuen, no deem selwechte Cahier des charges, deen auszeschaffen ass, eng Etüd iwwert déi Baachen. An da maache mer vläicht an zwee Joer eng Etüd iwwert déi nächst 20 Baachen, déi net gradesou schlëmm sinn. Mir kucken, datt mer am Fong all déi Phenomeener opgeschriwwen kréien, déi maachen, datt dee Phenomeen, dee mer elo hunn, ka passéieren.

An dorausser ergëtt sech jo dann eng ganz Panoplie vu Méiglechkeeten, also eng ganz ..., net iwwerall all Panoplie, mee et gëtt theoreetesche eng ganz Rei vu Panopliën, wat s de kéints maachen, wat s de kanns maachen um Courage vun de Baachen, wat s de kanns maachen un der Extensioun, wat s de kanns maache bei der Renaturéierung - och dat ass net iwwerall esou méiglech, wéi et op anere Plazen ass -, wéi s de mat de Bauere kanns eens ginn, wéi mer et kënnen verhënneren, datt d'Waasser iwwerhaupt esou séier an d'Baachen erakënnt, und, und, und.

An dorausser ergëtt sech jo dann e Katalog vu Mesuren. An dorausser ergëtt sech eigentlech en Timing an e Finanzement, deen ee misst gemeinsam als

Staat an als Gemengen opstelle fir ze soen: Wien iwwerhëlt dann elo wat hei vun de Käschten? D'ailleurs ass dat dann och de Punkt, wou s de definitiv d'Responsabilitéit vun deenen eenzelne Leit muss mat an d'Spill erabrénge, dee Punkt, wann et drëm geet, fir d'Mesuren ze kucken.

Dir hutt eis an enger Reunioun gesot, Madamm Minister, datt d'Subside kënne fléissen, wann dat dote bis ass. Datt een also de Leit kann hëllefen, déi elo am Misär waren, datt se hiert Haus kënnen adaptéieren.

Fir mech gëtt dat awer och eng Contrainte dee Moment, et ass net nëmmen eng Possibilitéit. Dat gëtt fir mech eigentlech no enger Etüd vun enger Baach, aus där Konklusiounen gezu gi sinn, aus där mer probéieren eens ze ginn ... Wa mer also Mesuren huelen, da sinn ech schonn der Meinung, datt de Staat seng Mesurén muss huelen, d'Gemenge mussen hir Mesuren huelen an déi Privatleit si wannechgelift och gebieden, hir Mesuren ze huelen an engem gewëssenen Delai, quitte datt se 100 % oder 80 % oder 70 % oder 50 % dovunner iwwer e Subsid ...

■ **M. Claude Haagen (LSAP).** - Wa si se dierfen huelen.

■ **M. Michel Wolter (CSV).** - Jo, wa si se dierfen huelen! Dat gehéiert fir mech jo alles zu där ganzer Geschicht.

Dofir, a fir datt mer net dräi- oder véiermol do ufänken, géif ech lech virschloen, vläicht eng Taskforce ze bilden an Ärem Ministère, déi sech zesummesetzt aus Leit vu verschiddenen Departementen, déi dann zesumme mat de Gemengen eigentlech déi Etüden do preparéieren, opgrond vun engem Cahier des charges, deen de Ministère ausschaffe soll - preparéieren, begleeden, bewäerten an och zesummen zu Konklusiounen kommen. Net datt mer herno an der Situatioun sinn - dat ass, mengen ech, dem Här Haagen säin Awand, deen e gemaach huet -, datt een zu enger Mesure kënnt, datt een déi kéint maachen, an da seet op eemol en aneren hannendrun: „Mee nee! Ma dat geet iwwerhaupt net, datt s du déi Mesure do méchs, well do ass iergenden aneren Artikel aus engem anere Gesetz, deen dat am Prinzip verbitt.“

Mir mussen also op e Wee kommen. Dofir ass en fin de compte déi Problematik fir mech esou spannend, esou interessant. Well si ass net horizontal, si ass vertikal! Et ass eng vertikal Problematik vun der Lëtzeburger Politik, an där et fënnef oder sechs verschidden Acteure gëtt, déi sech misste beieneesetzen, fir déi Problematik do vum Entstoen - der Fro, wéi dat doten entstoe kann - bis hin zu de Mesuren ze kucken.

An dozou gehéiert natierlech dann och den Avertissement virun, also: Wéi klären ech d'Leit op? Wéi warnen ech se? Wou an a wat fir engem Moment muss wien do un deem Riedchen dréien, wann dann awer eppes geschitt? Well dat ass jo de grouse Problem. Mir hu virun iwwer 20 Joer zu Réimech driwwer diskutéiert. Du ware se op der Musel schonn amgaangen, alleguerten déi Aluminiumskilometeren do ze bauen. Do hu mer driwwer diskutéiert, do hu meng Beamte mer ëmmer gesot déizäit: „Mee, Här Minister, Dir dierft de Leit keng falsch Illusioun ginn. Well och wa mir elo eng Mauer do bauen aus Aluminium, déi opgebaut gëtt, wann d'Héichwaasser kënnt, da kënnt iergendwann eng Kéier en Héichwaasser, dat méi héich wéi d'Mauer ass.“

A wann dat da kënnt an et huet kee méi eng Erfahrung eigentlech mam Héichwaasser, da kréie mer nach vill méi eng schrecklech Katastroph wéi dat, wat mer elo kréien. Well bei allem Misär, deen déi Réimecher hunn, déi Leit, déi ech do kannt hunn, déi do ënnen op der Esplanad Haiser hunn, iwwert d'Joerzëngte wëssen déi, datt, wann de Peegel do ass, da kënnt et ongeféier bis dohinner, oder wann de Peegel do ass ..., déi eigentlech mam Waasser liewen. Dat ass deen ee Volet nees. Mee mam Starkregen, domat ka kee liewen, well du weess zu kengem Moment, wéi et geschitt.

Ech soen nach eng Kéier dat Beispill vun der zweeter Kéier. Déi éischt Kéier ass et am ganze Land komm, schéi gemittlech. Et ass Ree gefall, nach Reen an nach Ree gefall, an iergendwann eng Kéier war et esou wäit, dass d'Zomm vun allem plus dann nach eng Kéier Reen hannendrun d'Konsequenz gehat huet, déi mer kannt hunn.

Mee déi zweete Kéier ass dat innerhalb vun zwou Stonnen geschitt. Innerhalb vun zwou Stonnen ass dee Ree gefall, d'Baach ass komm. Den Här Hahn huet genau déi selwecht Erfahrung a senger Gemeng gemaach. Dee Spuk huet eng hallef Stonn gedauert, du war et fäerdeg. Dat war eppes wéi eng Flutwell, déi koom. Du hues d'Baach mat den eegenen Ae gesi klammen an du hues se herno mat den eegenen Ae gesinn offléissen.

Déi zweete Kéier, wëll ech awer soen, war zum Deel méi verheerend wéi déi éischte Kéier, méi verheerend, well d'Leit absolutt keng Virwarnung haten. Dat ass komm - bumm, bumm. An elo kënne mir driwwer diskutéieren, ob s de dann nach en SMS kriss oder wéini s de dee kriss, um wéi vill Auer an





esou weider. Do gött et keen SMS! D'Waasser kënn. Tjo, a wann et do ass, jo, dann ass et do!

An ech mengen, och dat musse mer de Leit ... Nee, Dir kënn doriwwer laachen. Ech laachen an deem Sënn net vill doriwwer, well ech mer soen: Mir därefen awer och net d'Gefill ginn, dass mer mat egal wat fir enge Moosname maachen, wéi wa mer de Leit, déi beim Waasser sinn, hire Problem definitiv géife léisen, well soss d'Iwwerraschungen herno méi grouss sinn, wéi se elo sinn.

Sou, ech hunn elo zwou Minutten iwwerzunn. Ech mengen, dat war dat, wat den Här Graas virdu ge-sot huet.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Absolutt! Dir sidd nach 100%eg an der Rei.

■ **M. Michel Wolter (CSV)**.- Ech géif also meng Pro-posen nach eng Kéier widderhuelen.

Ech wär frou, wann eng Konventioun, eng Kader-konventioun, tëscht dem Staat an de Gemenge kéint gemaach ginn, fir am Kader vun der Gest-ion journalière vun de Baachen ze kucken, dass een do zu engem Understanding kënn, wat d'Responsabili-téit vun deem engen an d'Interventionsméiglech-keete vun deem anere sinn an de Finanzement.

An ech wär frou, wann de Staat sech och e Moyaen géif ginn, fir net nëmmen déi 17 Flëss, déi an der Starkregenëtid elo dra sinn, ze kucken, eeben och fir d'Héichwaasser - dat muss net a 14 Deeg sinn! -, dass mer eis d'Moyene ginn, zesummen iwwert d'Land an opgrond vun den Erfarungen, déi mer elo an deene leschte Joren haten, eis e Vademecum ze ginn, deem och nees fir d'ganz Land gülteg ass, wou net jiddwereen nees seng eegen Zopp muss kachen.

An drëttens wär ech frou, wann Der an der Regie-rung trotzdem och eng Kéier géift driwwer disku-téieren - ech wär gäre bereet, och do matzedisku-téieren -, wéi mer déi Zonen, déi dann necessairement an esou Etüde géife kommen, an d'PAGE vun eise Gemenge géifen erakréien.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Wolter. An den nächsten ageschriwwene Ried-ner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP)**.- Merci, Här President. Merci och menge Virriedner. Ganz vill Neies wäert ech lech wuel net zielen, well d'Proble-matik ass a bleift déi selwecht. Natierlech kann een de Fanger e bësselche méi fest op déi eng oder aner Wonn drécken. An et schuet och näischt, wann een dat eent oder dat anert widderhëlt.

Iwwert d'Evaluatioun vun der Gestiou vun der Héichwaasserkatastroph am Juli ass jo schonn en Dënschdeg vill gesot ginn, soudass ech hei net méi laang dorop aginn. Mee d'Interpellatioun vum Gusty Graas gött awer d'Geleeheneit, méi allgemeng iwwert den Héichwaasserschutz zu Lëtzebuerg ze schwätzen an ze kucken, awéiwäit dass d'Erfarun-gen, déi mer elo rezent gemaach hunn, och Adap-tatiounen erfuerderen.

Mir hunn elo e bësselchen Distanz, soudass mer entre-temps e gudden Iwwerbléck missten hunn iwwert de Schued, deem entstanen ass, an awer och doriwwer, wéi laang et dauert, fir dat Ganzt erëm ze redresséieren.

Am Kader vun där Interpellatioun géif ech et och gutt fannen, wann d'Ëmweltministesch eis vläicht kéint rappeléieren, wéi den Impakt vum Héichwaas-ser op d'Waasserinfrastruktur an op eis Gewässer am Allgemengen ausgesäit. Ech weess, dass scho Froen zu de Schied un de Kläranlage beäntwert goufen. Mee vläicht kéint d'Ministesch eis do de leschte Stand eventuell matdeelen an och soen, wien dann eigentlech elo déi Reparatüre bezilt. Et gouf jo och kuerzzäitig Verschmotzung vum Drénkwaasser. Sinn des Problemer mëttlerweil alle-querte geléist?

Eis Kläranlage sinn am Prinzip jo esou ausgeluecht, dass si engem 100-järengen Héichwaasser kënne standhalen. Elo ass et awer kloer, dass déi kom-mend 100 Joer ganz aneschtens wäerten ausgesi wéi déi vergaangen 100 Joer. Wat bedeit dat fir d'Konzeptioun vun de Kläranlagen, déi jo naturge-méiss och um Waasser leien? Gött et bauteschesch Méiglechkeeten, d'Kläranlagen nach besser virum Héichwaasser ze schützen?

Mam Héichwaasser gött allméiglechen Dreck mat-geschwemmt, wat souwuel d'Biedem wéi och d'Ge-wässer belascht. Wéi huet sech d'Héichwaasser-katastroph op den Zoustand vun eise Gewässer ausgewierkt, dee souwiewo net ganz gutt ass? Wéi ass et mat Mazout? Wéi ass et mat deenen anere Polluanten, déi an d'Waasser gelaf sinn? Huet sech an eise Baachen a Flëss vill esou däärs verseuchte Sediment ofgelagert no der Katastroph? Wéi grouss ass den Impakt vun där Verschmotzung op Déie-ren a Planzen an an och ronderëm d'Gewässer? A wat gött gemaach, fir des Schied ze behiwen? Froen iwwer Froen.

Mir haten déi ganz grouss Chance, an dat muss een allkéiers erëm betounen, dass am Juli kee Mënsch

am Héichwaasser ëm d'Liewe komm ass. Op där Plaz kann een net dacks genuch an net haart ge-nuch e Merci ausdrécken u jiddwereen, professio-nell oder benevoll, deem onermiddlech am Asaz war.

De materielle Schued awer, deem ass enorm. An dat hält eis nach emol virun Aen, dass d'Suen, déi an d'Preventioun gestach ginn, ganz gutt ugeluecht sinn, den Här Gras huet et gesot, an natierlech och schonn en Impakt op d'Zukunft wäerten hunn.

Et ergëtt sech och gutt, dass am Moment den Héichwaasserrisiko-Managementplang iwwerschafft gött. D'Gemenge goufe gefrot, dat wësse mer, hiren Avis zum Entworf fir dee Plang bis de 24. Oktober eranzerechen. Ech ginn deemno och dervun aus, dass déi meesch Gemengen dat entre-temps och gemaach hunn an dass hir Erfarunge mam Héich-waasser vum Juli an des Aise mat eragefloss sinn. An och wann d'Frist nach net ofgelaf ass, huet d'Mi-nistesch awer och vläicht elo schonn en Androck, awéieren den Héichwaasserrisiko-Managementplang opgrond vun den Erfarunge vum Juli misst adap-téiert ginn. Gött et zum Beispill gréisser Veränne-runge bei der Risikobewäertung a verschiddenen Zonen, déi bis elo kaum oder guer net vum Héich-waasser betraff waren?

Beim Thema Héichwaasser konzentréiere mer eis meeschtens op déi grouss Flëss a Baachen, also virun allem op déi Plazen, wou d'Waasser zesumme-leeft an da fir Iwwerschwemmunge suert. Et muss awer och alles gemaach ginn, fir dass och schonn um Ursprung méi Waasser kann zrëckgehalen ginn. De Stauséi, dee spillt dobäi eng ganz besonnesch Roll. Gött preventiv iwwerhaupt Waasser ofgelooss, wann een oder zwee Deeg am Virus gewosst ass, dass et warscheinlech zu massiven Nidderschlei kénn? Gött während der Kris kontrolléiert Waasser ofgelooss? Wéi gött d'Bevölkerung doriwwer infor-méiert, fir dass keng esou Gerüchter opkommen, dass d'Staumauer net géif halen oder esou?

An de leschte Jore gouf vill investéiert a separat Ofwaassersystemer, Réckhaltebecken an och a Re-naturierungen. Wou sti mer do par rapport zu der Gesamtziel vun de Projeten, déi an den Ae vum Waasserwirtschaftsamt misste realiséiert ginn?

No menger perséinlecher Erfarung an enger Ge-meng, déi ech ganz gutt kennen, dauert et schreck-lech laang, fir Héichwaasser-Schutzmoosnamen um Terrain ëmzesetzen. Ee Problem besteet doran, wann ee fir de Projet Terrain vu Privatleit brauch, déi selwer keen Notze vun der Mesure hunn. Hei spillt déi berüümt-berüchtegt Solidaritéit. Mee dat kascht oft ganz, ganz vill Iwwerzeegungsarbecht an Zäit. Et kann ee just hoffen, dass déi rezent Ka-tastroph insgesamt méi Versteedemech bei de Leit fir esou Mesurë mat sech bréngt.

Da schleefen och déi Etüden iwwer Joren. Vu baus-se gekuckt ass et einfach net novollzéibar, wou-runner dat hänkt. Ass et wierklech esou schwéier, des Mesuren ze plangen? Oder feelen eis hei zu Lëtzebuerg einfach déi néideg Capacitéiten? Sinn eis Bureau-d'étuden iwwerlaf? Ganz ofgesinn do-vun, dass e Projet normalerweis net méi bëlle gëtt, wann e méi laang brauch, fir realiséiert ze ginn. Et hëllef och net, dass Renaturierungsprojete vun de Gemenge musse virfinanzéiert ginn. Vläch kéint een dee Modell och emol iwwerdenken.

Ech wëilt am Kontext vun där Interpellatioun och dorunner erënneren, dass d'Iwwerschwemmungen net nëmmen e Risiko duerstelle fir d'Awunner, déi an de Risikogebidder no bei de Flëss wunnen, mee bei Staarkree kann et iwwerall zu iwwerschwemmte Kellern, materiellem Schued an och Accidenter kommen.

Eng wichteg Roll, an dat ass haut de Mëtteg och scho gesot ginn, spillt dobäi den Entretien vun der Infrastruktur, awer och, dass méi kleng Baache méi dacks a méi grëndlech propper gemaach ginn, sou-dass am Fall vu staarkem Reen net allméiglechen Dreck fortgeschwemmt gëtt an ënnert der nächster Bréck hänke bleift, oder wa méiglech och nach a Griller, déi do dertëscht agebaut goufen. An dat Ganzt bréngt dann och d'Iwwerschwemmunge mat sech.

Mee alles dat gouf haut schonn thematiséiert, wéi gesot, et kann een et net dacks genuch widderhue-len. An an där Fro, an do widderhuelen ech och, wat d'Virriedner gesot hunn, misst een d'Responsa-bilitéite vun deem engen an deem aneren iwwerden-ken an zu méi enger effizienter Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen an dem Staat kommen.

Et kann duerchaus zu Interessekonflikter kommen tëscht Naturschutz a Schutz vun de Mënschen. Do muss e rasonabelen Equilibre fonnt ginn. Virun allem muss fir jiddweree kloer sinn, wie woufir zou-stänneg ass a woufir eng Autorisatioun gebraucht gëtt a woufir net.

Wann ech haut de Mëtteg gutt nogelauschtert hunn, da sinn dat Informatiounen, déi hei erausgaange sinn, déi ech eigentlech net esou kritt hunn, sou-dass dat och schonn eleng op eisem Niveau net ëmmer kloer ass, geschweige dann, wat een de Bier-ger um Terrain ka weiderginn.

Ech hunn, wéi gesot, mat ënnerschiedleche Leit driwwer geschwat. An et schéngt do effektiv ganz verschidden Interpretatiounen ze ginn. Tëscht der Ëmweltverwaltung, dem Waasserwirtschafts-amt, der ANF an de Gemenge sollt vläch eng Kéier preziséiert ginn, wéi d'Rolleverdeelung eigentlech richtig ausgesäit, fir Mëssverständnisse ze ver-meiden.

Am Resultat muss dat derzou féieren, dass kleng a grouss Gewässer esou ënnereale ginn, dass keng onnéideg Risiken an och Geforesituatiounen ent-stinn. Dass mer iwwerhaupt esou séier Problemer kréien, soubal et staark reent, läit och net zulescht dorunner, dass e groussen Deel vun der Fläch zou-betonéiert ass. Den Här Graas ass och schonn do-robber agaangen. Mee bei deem enorme Bevelke-rungswuesstum, dee mer hunn, hu sech eis Dierfer an eis Stied natierlech och entsprechend entwéckelt an et gött ëmmer méi verbaut a versiegelt. Dat ass awer keng Fatalitéit, oder et soll keng Fatalitéit sinn.

Als LSAP setze mir eis natierlech och derfir an, dass méi Wunraum geschafe gött. Mee ëmsou méi wichteg ass et, Léisungen ze fannen, wéi ee baue kann, an dass een trotzdem Méiglechkeete sicht, fir dass d'Waasser besser absorbéiert ka ginn.

Zum Deel kann een d'Flächen och esouguer entsi-gelen. Ech fannen do effektiv och dee Konzept, deem haut de Mëtteg schonn ugeschwat ginn ass, vun de sougenannte „Schwammstied“ - „Schwamm“ vu „Schwamp“ - ganz interessant, also urbanisteschesch Moosnamen an enger Stad, déi et erméiglechen, dass och dicht besidelt Raum Waasser ka wéi e Schwamp opsaugen.

**(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)**

Dozou gehéiere begrängten Diech, et gehéieren awer och Plazen, Trottoiren a Weeër dozou, déi esou ugeluecht sinn, dass d'Waasser no ënnen an de Buedem oflaffe kann.

Des Moosname reduzéieren net nëmmen den Héichwaasserrisiko, si erlaben eng méi staark Be-gréngung, wat net nëmme méi agreabel ze kucken ass, mee et dréit awer och derzou bäi, dass sech eng Stad am Summer net esou séier ophëtzt, also de géigendeelegen Effekt vun de Schottergäert, déi sech jo leider iwwerall breetmaachen. Mee ech hu mer awer och soe gelooss, dass et Gemenge gött, déi subventionéieren, wann d'Schottergäert erëm réckgäeng gemaach ginn.

D'Gemengen an de Staat, déi jo awer och selwer vill bauen a Stroossen amenagéieren, hunn hei e ge-wëssenen Handlungsspillraum, wann déi entspre-chend Berodung do ass. Besonnesch wann nei Lotissementer entstinn, muss esou Iwwerleeunge vu virera Rechnung gedroe ginn. Dat entbënt d'Ge-meng allerdéngs net vun hirer Verpflichtung, och d'Kanalnetz an der Rei ze halen an d'Capacitéiten un déi wuessend Bevölkerung unzepassen.

Et ass natierlech ni ganz populär, wa Stroossen op-gerappt ginn. Ënnerierdesch Infrastrukturen ze er-neieren, kascht och effektiv vill Geld a stécht dem potenzielle Wieler net esou an d'A, wéi wann elo eng Sportshal oder e Kulturcenter gebaut gött. Trotzdem sinn des Aarbechten extrem wichteg, wann een d'Leit wëllt virun Iwwerschwemmunge schützen. Net all Iwwerschwemmung ass eng Konsequenz vum Klimawandel.

Zum Schluss wëilt ech nach soen, dass de Risiko vu Staarkreen natierlech mam Klimawandel klëmmt. An och wann et am Einzelfall net esou einfach ass, dat zouzeuerdnen, ass et ëmsou méi wichteg, dass mir all d'Preventionsmoosnamen treffen, déi méiglech sinn, fir de Schued esou gutt, wéi et geet, a Grenzen ze halen.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance***.- Merci och der Madamm Hemmen. An den nächste Riedner ass den Här François Benoy.

■ **M. François Benoy (déi gréng)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Mëtt Juli hate mer eng extrem Wiedersituatioun hei zu Lëtzebuerg mat engem Rekordhéichwaasser, wéi et bis dohinner eigentlech onvirstellbar war. A mat der Klimakris wësse mer, dass Wiederextremer an och d'Effekter dovun méi heefeg wäerte ginn an den nächste Joer-zéngten. An dass et net nach méi schlëmm aus-gaangen ass, huet eigentlech och domat ze dinn, dass mer an de leschte Jore schonn eng ganz Par-tie Instrumenter am Kader vun der Risikopreven-tioun vum Héichwaasser gemaach hunn.

Ech schwätzen zum Beispill vun allem, wat infra-strukturellen Héichwaasserschutz ass, sief et Re-tentiounsanlagen oder Renaturierungen, déi ei-gentlech wichteg si bei engem Héichwaasser, fir dass mer de Volume opgehalen kréien. Dobäi kënn den Héichwaasserrisiko-Managementplang, deem am Moment fir déi zweet Period iwwerschafft gött.

D'Extreemwiederen huelen also an den nächste Joerzéngten zou a si wäerten och méi intensiv

ginn. An dofir brauche mer eng ganz ambitiéis Héichwaasserpreventioun, sief et, wat d'Renatu-réierung ugeet, Klimaadaptatioun, Naturschutz, Kli-maschutz a Preventioun, fir dass mer als Gesell-schaft méi resilient ginn.

A mir hunn och schonn eng ganz Partie Instrumen-ter dofir. Mir hunn e Klimagesetz mat verbindlechen Ziler. Mir hunn en nationale Klima- an Energieplang mat iwwer 200 Mesurë fir allegueren déi klimarele-vant Secteuren. Mir hunn en nationalen Natur-schutzplang. Mir hunn eng Klimauppassungsstrate-gie mat ganz ville Mesurë fir 13 verschide Secteu-ren, fir dass mer eis eebe besser préparéieren op d'Effekter vun der Klimakris. Mir hunn och en Natur-pakt mat de Gemengen. Mir hunn en iwwerschaf-tene Klimapakt mat de Gemengen. Mee allegueren déi verschidden Acteure mussen elo ambitiéis a konsequent hëllefen, dass mer allegueren déi do-ten Instrumenter voll ausnotzen, fir méi resilient ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Hären, déi beschte Preventioun awer, wann et ëm Iwwerschwemmunge geet, ass e gudden Zoustand vun onse Gewässer. An do gött et eigentlech ee Constat, nämlech, dass 66 % vun onse Fléissgewässer an engem hydromor-phologesch schlechten Zoustand sinn, also d'Struk-tur vum Waasserbett - also do, wou d'Waasser fléis-se kann - respektiv och déi ekologesch Kontinuitéit vun de Gewässer net garantéiert sinn.

An ech kann lech just uroden, eng Kéier al Fotoen ze kucken oder, wéi ech et gëschter gemaach hunn, déi Ferraris-Kaarten, déi kann ee jo um Geoportal kucken. Do gesäit een eigentlech, wéi d'Gewässer fréier gelaf si respektiv wéi vill Plaz se fréier haten. An de Mënsch, deem huet déi Waasserleef iwwert déi lescht Joerzéngten an doriwwer eraus verän-nert, sief et, fir Siedlungen ze bauen, sief et, fir Stroossebau ze maachen, sief et, fir Landwirtschaft ze maachen. Si goufe betonéiert, kanaliséiert a sou goufe wichteg Ekosystemer futti gemaach.

Mir hunn zu Lëtzebuerg an onse Fléissgewässer eng 1.000 Barriären a Stauen an déi huelen dem Waasser d'Méiglechkeet, fir sech selwer ze regu-léieren, an domadder provozéiere se och Héich-waasser. An si allegueren si Barriäre fir d'Reten-tioun respektiv fir eng ekologesch Regulatioun. An dobäi si mer jo elo an enger Situatioun, an et gouf schonn e puermol gesot, vun enger Klimakris, wou extreem Wiederer derbäikommen. An dofir ass dat heite wierklech eng grouss Erausforderung, fir den ekologeschen Zoustand ze retabéieren. An dofir brauche mer e grouse kollektiven Effort vun de Bierger, vun de Gemengen, vun der Politik, vun der Ekonomie, an dat net just elo kuerz no enger Ex-treemsituatioun!

Flëss brauche Plaz an dofir brauche mer wierklech en ambitiéis Renaturierungsprogramm. A fir en ekologesch besseren Zoustand an d'Reduktioun vun Iwwerschwemmunge sinn déi Renaturéierun-gen esou wichteg. An dat sinn awer Investitiounen, déi sech eigentlech multipl rechnen. Eng Renatu-réierung ass net just gutt, fir e Schutz vun Iwwer-schwemmungen ze hunn, mee si ass och gutt fir de Klimaschutz, well Zäregaser domat gebonne ginn. Si ass gutt fir d'Verbesserung vun der Biodiversitéit a fir d'Verbesserung vun der Wasserqualitéit. Si ass och gutt fir d'Upassungsfäegkeet vun den Eko-systemer. Si ass och gutt, fir d'Liewensqualitéit ze verbessern. Well ech soen lech, wann d'Péitrus renaturéiert ass an der Stad, da wäerte mer alle-querte gesinn, wéi d'Liewensqualitéit do nach vill méi héich gött an deem schéinen Dall.

Wou ech bei de Renaturierungsprojete sinn: Et gött der schonn eng ganz Partie. Am Moment gött dru geschafft, fir vun der Stad bis op Miersch ze renatu-réieren an och d'Péitrus an der Stad. Eng Partie goufen der och scho gemaach, sief et tëscht Stee-sel a Walfer oder um Dumontshaff bei Schëffleng, d'Wäiss lernz beim Kéidenger Brill. Fir de Rescht si mer jo och elo an enger Consultatiounsphas, wat deem zweeten Héichwaasserrisiko-Management-plang ugeet respektiv deem drëtten Gestionsplang vun der Waasserdirektiv.

Wat den Héichwaasserrisiko-Managementplang ugeet, do huet sech jo elo bei deem Héichwaasser, wat mer haten, och herausgestallt, dass déi Kaarten, déi 2019 gemaach gi sinn, relativ richtig waren. An déi Kaarte goufe jo bei deem Héichwaasser och be-notzt vun de Rettungsdéngschter. Also musse mer dat och permanent reevaluieren, mir mussen eva-luieren, wéi et bei där Katastroph ausgesinn huet, fir ze kucken, bei enger nächster Iwwer-schwemmung besser dozostoen, d'Risiken ze defi-néieren, d'Kaarten ze verbessern an och bei deene verschiddene Moosnamen nozebesseren.

An dat nämmlecht göllt och fir d'Staarkreerisiko-Managementstrategie. De Staarkreen, dat gouf och de Mëtteg schonn e puermol gesot, kënn op ver-eenzelte Plazen op an do komme wierklech massiv Quantitéiten, vill Quantitéiten an engem kuerzen Zäitraum zesummen an dat ass e Risiko. An dat ass eigentlech dat wierklech Neit: Net just laanscht d'Waasserleef, mee op ganz villen anere Plaze kann dat passéieren, och am urbaniséierte Raum oder





virun allem am urbaniséierte Raum, wou mer vill Versigelung hunn a wou d'Waassermassen net fortkommen. A schoonn 2016 an 2018 hu mer gesinn, wéi d'Effekter vun esou engem Staarkree kënnen sinn. An dofir ass et och gutt, dass d'Ministesch elo dee ganze Staarkree mat an déi Pläng erageholl huet. An déi Kaarte fënnt een och elo schoonn allequerten online.

Wéi eng Flächen, wéi eng Stroosse si beträff? Do kann ee wierklech ganz genau um Internet nokuken, wéi et ausgesäit viru senger eegener Hausdier. An ech ka just jiddwerengem rappeléieren, dat eng Kéier selwer ze kucken a senger eegener Émgéigend: Wéi héich ass wou de Risiko vu Staarkreen? An doriwwer eraus muss een natierlech och dann doraus déi richteg Konklusiounen zéien.

Engersäits musse mer natierlech op deene Plaze kucken, dass net méi versigelt gëtt, also dass keng nei Gebaier vläicht dohinner gebaut ginn. Mir musse kucken, dann och do ze renaturéieren, dem Waasser déi Plaz ze ginn, déi et brauch. An op anere Plaze kann d'Léisung natierlech och e Schutz wéi eng Mauer oder esou sinn. Op där anerer Säit musse mer natierlech och dorunner schaffen, d'Preventionen ze verbesseren, ze kucken, dass d'Messagë bei de Leit ukommen, dass d'Leit wëssen, wéi se sech wéini a wou solle verhalten.

An an deem ganzen Héichwaasserrisiko-Managementplang gëtt et 243 Mesurë fir déi verschiddest Gemengen. Dat geet vu Renaturéierungen - d'Uelzecht hunn ech genannt - bis iwwert d'Ausféierung vu verschidde Studien, Plazen, wou näischt méi soll opgeriicht ginn, oder d'Opklärung. An dobäi soll ee vläicht och nach eng Kéier soen oder nach eng Kéier verdäitlechen, dass et fir d'Ëmsetzung vun deene Mesurë ganz vill Subventionne respektiv Kofinanzementer gëtt, déi bis zu 100 % ginn. D'Beispill erëm vun der Péitruss, fir dat ze nennen: D'Renaturéierung vun der Péitruss an der Stad gëtt zu 90 % finanzéiert iwwert de Staat.

Mat deem neie Waassergesetz vun 2017 goufen eebe grad déi Mesuren, déi Hëllef fir déi esou wichteg Renaturéierungen, vun deenen de Mëtteg scho geschwat ginn ass, déi Aiden, nach eng Kéier eropgesat.

Wat och nei derbäikomm ass, sinn déi Partneriater, wou et ëm d'Héichwaasser geet. Déi goufen do verankert, fir dass d'Gemeenge sech och zesummen doen, fir un deem Thema ze schaffen, sief et, wat d'Sensibiliséierung ugeet, d'Ëmsetzung um Terrain vun de Moosnamen an esou weider.

Wat am Moment nach grad ausgeschafft gëtt, ass eebe e Kadaster vun de Retentiounszone fir ze kucken, wou mer nach kënnen natierlech Retentiounen schafen. Wou si se néideg a wou si se méiglech?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mee gëtt d'Urgence um Terrain ëmmer esou erkannt? Ech mengen, no engem Héichwaasser, wéi mer et elo haten, sécherlech. Mee ech hat virgëschter scho geschwat vun enger Studie, déi seet, dass all siwe Joer, also no siwe Joer am Fong, déi Sensibilität gären erëm verschwënnt. Ech hat och d'Beispill scho genannt vun där Infoversammlung mat de Gemengen den 12. Juli, wou ganz wéineg Gemenge vertruede waren. Glécklecherweis ass den Interessi no den Iwwerschwemmungen elo an deene leschte Wochen erëm geklommen.

Wann een elo d'Zeitung opgemaach huet déi lescht Deeg oder Wochen, dann huet ee gesinn, dass an de Gemengeréit intensiv geschwat gëtt, wann d'Gemengen hir Avice formuléieren. Dat ass och gutt esou. Och an de méi rezente Veranstaltungen, déi et gouf, vun der Waasserverwaltung ware vill méi Leit. Alles dat ass gutt!

An ëmmer erëm liest een och oder et héiert ee vu Bauprojeten, déi sollen an Héichwaassergebiddern gebaut ginn. Jo, wann et dann heescht, dass awer do keng Autorisatioun ka gi ginn, da gëtt ganz gären op d'Verwaltung, de Ministère oder vläicht och op déi gréng oder wien och ëmmer geklappt, do géif erëm blockéiert ginn, woubäi mer op där anerer Säit awer ganz genau gesinn hei, wéi wichteg dass et ass, dass mer Prozeduren hunn an dass mer net egal wat maachen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. François Benoy (déi gréng).** - Oder wann et drëms geet, fir eebe déi Renaturéierungen ëmsetzen oder fir Naturschutz ze maachen, dat ass och esou e Beispill. Do brauche mer Fläche derfir. Ouni Fläche geet et net. An och dann: Wéi vill Leit strecken ëmmer direkt de Fanger aus, wann et drëms geet, dass mer där doten Terraine kréien? A wéi oft hu mer Situatiounen, wou mer dann erëm ufänken: „O nee, Logement, Landwirtschaft“, an alles dat, fir dat dann erëm géint den Naturschutz auszespillen?

An ech mengen, do ass jiddweree gefuerdert, dass mer ophalen domat, dat eent géint dat anert auszespillen, well mir brauchen allequerten déi Saachen!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. François Benoy (déi gréng).** - An am Naturschutzgesetz, wat mer jo grad an der Ëmweltkommission iwwerschaffen, hu mer iwwregens och en Amendement ugeholl, wou et eebe grad drëm geet, fir dem Staat, de Gemengen an de Gemengesyndikater e Virkafsrecht ze ginn, fir eebe Terrainen, déi laanscht Waasserleef leien, mat engem Virkafsrecht ze kafen, well eebe grad dat ganz wichteg Parzelle sinn, fir dass mer déi Renaturéierungsmesurë kënnen duerchféieren.

Här President, Dir Dammen an Hären, en anert Instrument, wat dëst Joer vun dëser Majoritéit geschaf ginn ass, ass den Naturpakt. An och am Naturpakt, deen d'Gemeenge jo da maachen oder ëmsetzen, sinn eng ganz Partie Mesurë virgesinn an deem heite Beräich. Ganzer 43 Punkte si virgesinn, also kann ee kréien am Milieu aquatique, vun deenen 233. Hei geet et ëm aktiv Participatioun fir d'Ëmsetzung vun der Waasserdirektiv respektiv der Héichwaasserrisiko-Direktiv. Et kritt ee Punkten derfir, wann ee Servitude-d'urbanisationen am PAG festleet, wou et ëm Iwwerschwemmungszone geet, wann een d'Fläch wëllt notzen, fir Renaturéierungen ze maachen, an esou weider. A selbstverständlech gëtt et och Punkten, fir eppes ze maache géint déi vill diskutéiert Schottergäert.

En anert Beispill ass de Klimapakt, wou och Iwwerschwemmungsmesuren a Klimaupassungsmesuren dra sinn. An eent vun den Ziler vum neie Klimapakt ass eebe grad och, fir d'Adaptatiounen um lokalen Niveau ze verbesseren, an dat iwwregens och mat engem zousätzleche Finanzement par rapport zu dem fréiere Klimapakt.

Am Klimapakt gëtt et Punkte fir d'Ausschaffe vun engem Klimaupassungskonzept respektiv och e konkreeten Aktionsplang, fir déi lokal Resilienz ze stäerken. Anersäits geet et och ëm d'Upassung vun de Bauvorschrëften un d'Klimakris, zum Beispill och, wat d'Bauen an Iwwerschwemmungsgebiddern ugeet, wou ech eebe grad bei deem Punkt wär vun dem Bauen an dem Plangen.

Mir hunn elo vill iwwert d'Staarkreeniwwerschwemmung geschwat, mee eng vun de Krisen, déi mer och vill hunn am Moment, ass eebe grad d'Dréchent. A bei allequerten deene Klimakatastrophen, déi ëmmer méi op eis duerkommen, respektiv deene Wiederextreemer kenne se eigentlech allequerten e gemeinsamen Nenner an dat ass, dass mer musse kucken, méi Gréngflächen ze kréien a manner Versigelung ze hunn, engersäits, fir dass d'Waasser kann an de Buedem anzéien, an op där anerer Säit dann och bei Hëtzen, dass mer do dann och positiv Effekter op d'Temperaturen am urbane Raum hu respektiv eppes fir d'Biodiversitéit maachen.

An do ass et ganz kloer, dass mer den Urbanismus musse verännern. Also, deen Urbanismus, dee mer déi lescht Joerzénge gemaach hunn, dee wäert net méi funktionéieren déi nächst Joren. An do si mer, mengen ech, och allequerte gefuerdert. A virun allem d'Gemeenge sinn do gefuerdert. Do mussen d'PAGen an där Hisiicht ugepasst ginn, d'Bautereglementer mussen ugepasst ginn, eebe virum Hannergrond vun de Klimarisiken.

An do musse mer natierlech d'Bierger och mat abannen. Wéi kann een dat maachen? Eng Méiglechkeet ass natierlech och erëm iwwert de Klimapakt oder den Naturpakt, iwwert déi Ekippen, déi do de Lien kënnen maachen tëscht de Gemengen an de Bierger.

An och eebe, fir dass mer den Urbanismus geännert kréien, fir méi e gréngen, resilienten Urbanismus ze hunn, gëtt et och haut schoonn eng ganz Rei Instrumenter: de Leitfuedem fir d'Bauen am Iwwerschwemmungsgebitt, de Leitfuedem fir den Ëmgang mam Reewaasser am Sidlungsgebitt, d'Planungshandbuch fir eng urban Qualitéit, wat vun dem Landesplanungsministère a vum Interieur gemaach ginn ass, de Guide éco-urbanisme vum Landesplanungsministère. An et gëtt aner Beispiller.

Mee wann ech mer awer d'Realitéit ukucken um Terrain, da muss ech éierlech gesot soen: Ech fannen, dass déi meescht PAPen an déi meescht PAGE respektiv Bautereglementer nach net op der Héicht si vun der Zäit, wéi mer et eigentlech brauchen. A mir kënnen eebe grad net op déi Aart a Weis, wéi mer am Moment funktionéieren, weider bauen, well domadder geet den Héichwaasserrisiko, fir beim Beispill vun haut ze bleiwen, weider erop. Mir musse jo awer alles derfir maachen, dass dee Risiko weider erofgeet.

Här President, ech géif lech heimat eng Motioun deposéieren.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci.

#### Motion 1

La Chambre des Députés,

vu

- le rapport relatif à la gestion de crise dans le cadre des intempéries des 14 et 15 juillet 2021 depuis la phase de préalerte ;

- la motion n° 2 relative à une réflexion sur la gestion de crise à tous les niveaux datant du 19 octobre 2021 ;

considérant

- les inondations du 14 et 15 juillet 2021 et les effets dévastateurs de ces dernières sur l'environnement humain et naturel ;

- les événements de fortes précipitations et de crues subites auxquels le Luxembourg a été confronté dans les dernières années, notamment en 2016 dans la Vallée de l'Ernz blanche et en 2018 au Mullerthal ;

- que nous faisons face à une urgence climatique et environnementale qui exige une mise en œuvre immédiate de mesures ambitieuses afin de limiter le réchauffement climatique à 1,5°C, comme prévu par l'Accord de Paris ;

- que l'intensification de la crise climatique engendrera la multiplication et l'intensification des phénomènes météorologiques extrêmes dans le futur ;

- que le Luxembourg dispose d'ores et déjà de plusieurs outils qui ont la vocation d'accroître la préparation aux effets de la crise climatique et d'en réduire les conséquences négatives sur la population, l'activité humaine et l'environnement, notamment :

• la stratégie et le plan d'action pour l'adaptation aux effets du changement climatique au Luxembourg (2018-2023) ;

• un plan de gestion des risques d'inondations (2015-2021) ;

• des plans d'intervention d'urgence « intempéries » et « inondations » ;

• les cartes zones inondables, les cartes de risque d'inondation pour différents cours d'eau, ainsi que les cartes de risques liés aux crues soudaines ;

• le pacte climat 2.0, ainsi que le pacte nature avec les communes ;

- que le deuxième plan de gestion des risques d'inondations (2021- 2027) est actuellement en procédure de finalisation ;

- que depuis la modification de la loi relative à l'eau en 2017, le taux de subventionnement étatique des mesures anti-crues a été augmenté jusqu'à 90 % et les coûts des travaux de restauration de renaturation des cours d'eau peuvent être pris en charge à hauteur de 100 % ;

- que des projets d'infrastructures vertes, telle que la gestion naturelle des cours d'eau, peuvent relever simultanément plusieurs défis environnementaux et climatiques, comme notamment l'adaptation climatique et la promotion de la biodiversité,

invite le Gouvernement

- à sensibiliser davantage la population et les communes sur les différents outils en place leur permettant d'évaluer les risques liés aux fortes précipitations et aux événements météorologiques extrêmes ;

- à sensibiliser davantage les communes au sujet des enjeux liés à l'adaptation à la crise climatique et à l'importance de mettre en place des mesures permettant d'augmenter la préparation aux effets de la crise climatique, y inclus aux crues subites et phénomènes météorologiques extrêmes, notamment par des moyens de gestion naturelle des cours d'eau ;

- dans ce contexte, à sensibiliser davantage les communes sur l'importance de réaliser des plans d'aménagement général, des plans d'aménagement particulier voire un règlement sur les bâtisses prenant en compte des risques liés au changement climatique tout en les minimisant ;

- à préciser les responsabilités et compétences concernant l'entretien des cours d'eau ;

- à intensifier ses efforts visant à renaturer davantage des cours d'eau dont la morphologie naturelle a été détruite ;

- à intensifier la coopération avec les communes et syndicats intercommunaux afin d'accélérer la mise en place de mesures de prévention d'inondations ou de mesures de renaturation, et, le cas échéant, à simplifier les procédures y relatives ;

- à mettre en œuvre le plus rapidement possible les principales mesures d'adaptation au changement climatique prévues dans la stratégie d'adaptation aux effets du changement climatique ;

- à initier des mesures pour réduire la vulnérabilité des infrastructures critiques face à la crise climatique et à veiller à ce que la crise climatique soit prise en compte dans la conception de nouvelles infrastructures, en étroite collaboration avec les communes ;

- à analyser et, le cas échéant, adapter la dotation du fonds pour la gestion de l'eau, du fonds pour l'environnement et du fonds climat et énergie afin de pouvoir réaliser les mesures permettant d'augmenter davantage la préparation aux effets de la crise climatique ;

- à veiller à ce que la question de la gestion des risques d'inondation au niveau communal soit abor-

dée au sein du groupe de travail « communes résilientes » de la plateforme nationale pour la réduction des risques de catastrophe ;

- à considérer les travaux des partenariats inondations, des partenariats de cours d'eau, des équipes pacte nature, des équipes climat, ainsi que de la plateforme nationale pour la réduction des risques de catastrophe lors de l'élaboration d'outils visant à gérer les risques d'inondation.

(s.) François Benoy, Gilles Baum, Gusty Graas, Cécile Hemmen, Josée Lorsché.

■ **M. François Benoy (déi gréng).** - An där Motioun, an eng ganz Rei Punkten hunn ech elo och scho virgedroen, geet et justement drëm, dass mer nach eng Kéier Referenz huelen op de Rapport, deen d'Regierung gemaach huet, dee mer och an der Kommissioun schoonn diskutéiert hunn no den Intemperie vum 14. a 15. Juli. Mir hunn och Referenz gemaach op déi Motioun, déi d'Chamber scho gestëmmt huet virun zwee Deeg, wou mer driwwer geschwat hunn.

An der Motioun werfe mer och nach eng Kéier e Bléck zrëck op déi Evenementer an déi Cruen, déi mer haten am Joer 2016 an 2018. Mir constatéieren nach eng Kéier d'Urgence climatique et environnementale, ons Klimaschutzziler, déi mer hunn. A mir soen, dass mer eebe grad och an enger Zäit sinn, wou mer eng Intensificatioun an eng Multiplikatioun vun deene Phenomeener hunn, mee dass Lëtzebuerg eigentlech gutt opgestallt ass.

An ech hunn lech dat jo och scho gesot: Mir hunn eng ganz Panoplie vun Instrumenter an Outilen, déi do leien. Mir hunn deen zweete Gestionsplang vun den Héichwaasserrisiken a mir hunn och d'Waassergesetz, wat 2017 iwwerschafft ginn ass, wou et wierklech ganz grousszügeg bis zu 100%eg Kofinanzementsméiglechkeete gëtt, gradewéi och d'Wichtigkeet vu gréngen Infrastrukturen.

A mir appelléieren eigentlech un d'Regierung, fir dass an Zukunft d'Gemengen an d'Populatioun nach besser sensibiliséiert ginn iwwert déi verschidden Outilen, déi eigentlech haut schoonn do sinn.

Dass mer awer och eppes, wat, mengen ech, nach net esou ukomm ass, nach méi thematiséieren, dat ass eebe grad d'Fro vun der Klimaadaptatioun.

Dass mer och d'Gemengen nach méi dofir sensibiliséieren, fir dass an deene kommunale Pläng, sief et PAGen, PAPen oder Bautereglementer, d'Risiko vum Klimawandel nach méi en compte geholl ginn, fir déi Risikoen ze miniméieren.

Dann, dass awer och d'Responsabilitäten an d'Kompetenze beim Entretien vun de Cours-d'eaue prezisiéiert ginn. Dat ass och eng Diskussioun, déi an e puer Rieden haut de Mëtteg opkomm ass.

Dass mer och d'Efforten intensivéieren, fir dass mer an de Renaturéierung besser virukommen, eppes, wat, mengen ech, jiddwerengem um Häerz läit, wat de Mëtten och e puermol ugeklongen ass.

Dass och gekuckt gëtt, well ech mengen, et ginn an der nächster Zäit och weiderhin déi néideg Sue gebraucht, dass mer déi heite Saachen allequerten ëngesat kréien, dofir ass et och wichteg, dass mer garantéiert kréien, dass d'Suen dofir do sinn, a gradesou gutt d'Fro, dass op Gemengenniveau respektiv mat allequerten deenen anere Partneriater, déi mer hunn, déi heiten Diskussiounen allequerte gefouert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Klimakris ass och bei ons ukomm an déi extreem Wieder-situatiounen heefe sech. D'Evenementer am Iernzdall, am Möllerdall och déi elo am Juli hu ganz kloer gewisen, wéi eng enorm Schied d'Wiederphenomeener kënnen verursaachen.

66 % vun onse Fléissgewässer sinn awer hydromorphologesch an engem schlechten Zoustand, woubäi grad e gudden Zoustand déi beschte Prevention ass bei Iwwerschwemmungen. Mee si hunn och nach eng ganz Rei aner Benefisser, si sinn zum Beispill gutt fir d'Biodiversitéit oder de Klimaschutz. A grad dofir ass et esou wichteg, dass mer wierklech aus de Renaturéierungen - respektiv, fir dem Waasser déi néideg Plaz ze ginn - eng absolutt Prioritéit maachen.

Dobäi kommen dann och nach d'Phenomeener vum Staarkreen. Och do brauche mer wierklech méi Sensibiliséierung, well grad do kann den urbane Raum, dee manner gutt préparéiert ass, nach méi dervu beträff sinn op Plazen, wou dat eigentlech bis elo nach net esou bekannt war. Am Fong geholl kënnen mer iwwerall getraff ginn. Dat huet sech och am Juli erëm gewisen. An dofir brauche mer wierklech en aneren Urbanismus, en Ëmdenken am Urbanismus, manner Versigelung, méi Gréng- a méi Retentionsflächen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. François Benoy (déi gréng).** - An d'Outilen, fir déi Risiko besser kënnen anzeschätzen, gëtt et. D'Léisung sinn och do, fir dass mer déi Risiken do fir Mënsch, Natur asw. weider méiglechst erfodr-





cken. Mee mir müssen hei wierklech nach eng Schëpp zouleëe bei der Ënsetzung. Mir müssen déi néideg Moyenen an déi néideg Energie dofir opbrén-gen. An dofir sinn alleguerten d'Acteure gefuerdert!

An deem Sënn soen ech lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och dem Här Benoy. An den nächste Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup** (*ADR*):- Villmools merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci och dem Deputéierte Gusty Graas fir déi ganz wichteg Interpellatioun hei an ech kann och soen, fir déi ganz vill richtig Saachen, déi hien hei op der Tribün gesot huet.

Ech fänken u mat engem Abschnitt, deen hei schonn eng Kéier virgedroe ginn ass an der Chamber, an zwar: „Wéi an der zweeter Januarwoch 1993 eng Iwwerschwemmungskatastroph eist Land heemgesicht huet, wéi mir se nach kaum jeemools virdu kannst hunn, do war jiddereen der Meenung, dat wär en eemolegt Evenement, dat sech esoubal net méi géif widderhuelen. Souwuel de Ministère de l'Énergie wéi och de Ministère de la Famille schwätzen an äntwerten op QPe vun engem „caractère exceptionnel, voire centennal“ vun där Iwwerschwemmung. Si sollte sech, wéi et sech duerno erausgestallt huet, gehéiereg geiert hunn. Knapps ee Joer méi spéit, Enn Dezember 1993, huet déi selwecht Katastroph sech erëm eng Kéier widerholl an e weidert Joer méi spéit, ufangs Januar 1995, war et erëm eng Kéier esouwäit.“ Dat war den Eierendeputéierte Roby Mehlen 1995 hei an der Chamber an enger vun him gefroter Interpellatioun.

Et ass eigentlech näischt Neies. Mir hunn hei verschidden historesch Datumer héieren. Ech hunn der nach e puer nogesicht: 1880, 1918, 1977, 2003, dann déi puer Kéieren an den 90er-Joren, 2011, 2021. Do feelen der nach eng Partie, mee dat sinn eeben esou historesch Fäll vun Héichwaasser, déi ëmmer erëmkommen hei an eise Land.

Wat sinn d'Ursaachen dovunner? Et ass am Fong ganz einfach: Dat ass, wa ganz vill Reen a kuerzer Zäit erofgeet. Mir haten elo 100 Liter op de Meterkaree an Zäit vu 24 Stonnen deelweis, dat ass esou e Fall, zemools dann, wann et déi Deeg virdu scho vill gereent huet an de Buedem näischt méi kann ophuelen. Esou Situatioune kommen ëmmer erëm vir.

Dat heescht, den Haaptgrond ass ganz einfach d'Meteorologie, d'Wieder, an dann hu mer eng Partie Afloss natierlech: Buedemverdichtung, Buedemversigelung, Kanalisatioun, Flossbegradegung, alles dat huet en Afloss an alles dat zesumme féiert dann zu deem bekannte Resultat.

Wat sinn eis Méiglechkeeten, do anzewierken? Jo, mir musse kucken, fir preventiv anzegräifen. Op d'Wieder hu mer leider net vill Afloss, do kënnen mer näischt maachen. Buedemverdichtung, do kënnen mer eppes maachen. Dat betrëfft d'Landwirtschaft. Dat ass och schonn ugeschwat ginn. Buedemversigelung, do kënnen mer eppes maachen. Mir hunn de Problem hei e puermol elo héieren, dass vill Plazen ëmmer méi zoubetonéiert ginn, wou d'Waasser net méi kann asickeren, ëmsou méi schnell an d'Waasserleef eraleeft, wat natierlech dann zu negative Konsequenze féiert.

Mee wa mer natierlech vu Buedemversigelung schwätzen, da kommen ech net derlaanscht, och vun eise Wuesstum ze schwätzen. An ech wollt do nach eng Kéier soen, wat ech och schonn eng Kéier gesot hunn: Vun 1990 bis 2015 ass méi Terrain verbaut ginn hei am Land wéi an all deene Jore virdu. Am Joer 1990 ware 4,3 % vun eise Territoire verbaut, am Joer 2015 waren et 10 %! Dat sinn also pro Dag zwee Hektar Natur zerstéiert a verbaut. Zwee Hektar, et ass net einfach, sech dorënner eppes virstellen, mee dat si véier Fussballsterrainen, déi also all Dag verbaut ginn.

Et ass hei geschwat ginn, fir dat erfrozedrécken op een Hektar, mee och dat wier nach immens vill! An eis Fläch hei am Land ass begrenzt a mir brauche se fir vill verschidde Saachen: Landwirtschaft, Natur an esou weider an esou fort.

A weider hu mer 80 % vun de Fiichtgebiddere, déi haut zerstéiert sinn. Mir hu just nach 2 % vun eise Baachen, déi gutt, proppert Waasser hunn. Dat huet zwar net direkt eppes mam Héichwaasser ze dinn, mee och dat ass traureg.

An alles dat ass natierlech och d'Resultat vun engem ganz staarken, ongebremsen, onkontrolléierte Wuesstum an natierlech och der Verdueblung vun der Bevëlkerung, déi mer elo kannt hunn an amgaange sinn ze kennen. Wa mer histerien op d'Joer 2030, gi mer Richtung 800.000 Awunner. Dat heescht, et muss nach vill méi gebaut ginn: Haiser, Infrastrukturen, Stroossen, Eisebunnen an esou weider an esou fort. An dat wäert sécherlech d'Situatioun och net verbesseren.

Dat féiert dann och derzou, dass mer natierlech, jo, méi musse bauen. D'Bautepolitik, bon, hei ass elo

gesot gi vu verschiddene Virriedner, mir solle méi héich an d'Luucht bauen, Héichhaiser, Tiny Houses. Jo, et ass alles schéin a gutt, mee et muss ee jo awer trotzdeem och op där anerer Säit bedenken, dass d'Liewensqualitéit op esou Plazen net déi selwecht ass wéi am traditionellen Haus, wéi mer et déi lescht - soe mer - 100 Joer kannt hunn hei zu Lëtzebuerg.

An et ass och schéin, wa Jonker soen, si wiere be-geeschtert fir esou eppes. Mee ech soen awer elo emol dat hei: Wann déi Jonk bis eng Kéier Kanner kréien, dann hätte se och warscheinlech awer gären en Haus mat Gäertchen a se géifen net onbedéngt gären um zéngte Stack um Belval wunnen an enger Bëtonswüst; well esou gesäit et aus!

Jo, Flächeversigelung vermeiden. An dann, och dat ass scho gesot ginn, mir baue leider Gottes nach ëmmer do, wou et geféierlech ass, no beim Waasser, deelweis an Iwwerschwemmungsgebiddere oder niewendrun. An elo am Juli bei deem Héichwaasser hutt Der vläicht op verschiddene Plazen déi dach e bëssen, jo, witzeg Situatioun gesinn, fir et emol esou zynesch auszedrécken, wou Der dann esou Pannoen hat, wou dropstoung: „Ici bientôt nouvelle résidence“, an da stoungen déi do matten an engem risegrouse Sêi an enger Wiss.

An ech mengen, da kann ee sech jo virstellen, wa mer op esou Plaze baue ginn, wou elo d'Waasser schonn ëmmer steet oder elo eng Kéier stoung, mee warscheinlech ëmmer erëm ka stoen, da gi mer natierlech Problemer sichen. An dat ass net nëmmen op enger Plaz, dat huet een op ville Plazen hei am Land. An ech géif soen, an dat ass och gesot ginn, mir musse vill méi virsiichteg ginn, wou mer bauen. A wa mer no bei e Floss baue ginn oder bei eng Baach baue ginn, da gi mer Problemer sichen, déi mer kéinten am Virus liicht vermeiden.

Jo, viles ass gesot ginn. Ech wéilt nach op zwou konkret Saachen agoen.

Dat Éischt, dat ass de Stauséi. Mir hunn do de Stauséi, dee fonctionéiert jo och deelweis e bëssen, fir de Waasserlaf, d'Sauer, ze reguléieren, wat dann och hëlleft, fir awer am Fall vu villem Reen en Héichwaasser esou gutt wéi méiglech ze vermeiden. Dat ass eppes, dat geschitt an der Reegel am Wanter, well am Wanter hu mer traditionell ëmmer dat staarkt Héichwaasser gehat.

Elo ass et awer esou, dass mer ëmmer méi - an dat konnt een an Europa och feststellen iwwert déi lescht 50 Joer - Héichwaasser am Summer hunn a par contre, dat ass interessant, allerdénks manner am Wanter! Et ass elo net onbedéngt esou - vun der Technescher Universitéit Wien hunn ech dat nach gelies -, dass mer elo vill, vill méi Héichwaasser hätten, mee et huet sech verlagert op jidde Fall vum Wanter och op de Summer. An déi Tendenz, déi schéngt weiderzegoen.

An do sollt ee vläicht iwwerleeeën, fir och am Summer, zemools wa mer esou e reenerge Summer hu wéi deen, dee mer hei haten, de Stauséi besser als Regulator ze benotzen.

Dann, jo, et si ganz vill gutt Moosnamen ergraff ginn, dat muss een och soen, an de leschten 30 Joer. Ech mengen, allkéiers wann en Héichwaasser ass, da reagéiert d'Politik jo och direkt, quitte dass dat duerno dann erëm e bëssen aschlëift mat de Joren. Dat ass och zur Sprooch komm.

Ech wëll ee Beispill hei ervirhiewen, dat ass och scho gesot ginn, dat ass Welschent. 1999 ass do en Damm ageweit ginn, dee 500.000 Kubikmeter vun der Waark ka späicheren am Fall vu villem Reen. An ech erënnere mech op jidde Fall emol nach als Kand 1993, wéi d'Waark zu Ettelbréck deemools nach ouni deen Damm enorme Schued bruecht huet. An dat konnt een doduerch elo verhënnere.

An ech mengen, dat ass eng ganz interessant Saach an eng gutt Saach, déi een op jidde Fall an Zukunft sollt méi a Consideratioun zéien, dat sinn déi sougenannten Héichwaasserrückhaltebecken. An ech kéint hei virschloen, dass mer esou en Dispositiv vu villen esou méi klengen Dämm oprichten, fir d'Waasser op ville verschiddene Plazen ze verzögeren.

Déi Dämm kéinte bei villem Nidderschlag dann den Ofloss vu Waasser bremsen an domat dem Héichwaasser d'Spëtz brieche. Déi mescht Waasserleef hunn hiren Ursprung iergendwou an der Gewan a si zéien dacks kilometerwäit duerch wäitleefeg Wisegrënn an et ass hei, wou grouss Quantitéite vu Waasser ufalen, déi am weidere Verlaf aus enger klenger Baach e geféierleche Stroum maachen.

Wa mir et fäerdeg géife bréngen, an Zesummenarbecht natierlech mat de Proprietären, esou e System vun niddregen Dämm, sougenannten Hochwasserrückhaltebecken, an deene Wisen, vläicht net iwerall, mee op deene kruziale Plazen, ze installéieren, da kéinte mer an engem Katastrophfall déi grouss Quantitéite Waasser zrëckhalen an da géifen eis Baache sécher manner uschwellen a manner geféierlech ginn, quitte dass natierlech nach ëmmer eng Gefor bleift.

Dëst ass awer och alles net nei, dat hu mer schonn hei virgedroen. Ënner anerem, ech hunn et gesot, huet de Roby Mehlen dat scho proposéiert viru 25 Joer. Mee ech mengen, dat ass déi sënnvollsten, hëllefäräichsten Iddi, déi et fir eis gëtt, fir déi Uertschaften an déi Leit ze schützen, déi no um Waasser sinn.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*):- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Thematik vun dëser Interpellatioun beinhalt eigentlech zwee Voleten.

Den éischte Volet ass d'Verhënnere vun den Iwwerschwemmungen als systemesch Fro: Firwat passéieren esou Iwwerschwemmungen? Ass et de Klimawandel, d'Zerstéierung an d'Versigelung vun de Biedem, d'Ëmweltproblemer oder vläicht vun allem e bëssen?

An deen zweeten ass d'Verhënnere vun Iwwerschwemmungen als eng méi technesch, administrativ Fro, andeem ee Flëss renaturéiert, Retentionsbecke baut, de Bau an den Iwwerschwemmungszone vermeit an esou weider.

Dat Éischt ass éischer eng Fro vum Kampf géint déi ekologesche Krisen an dat Zweet ass éischer eng Fro vun der Adaptatioun un dës Krisen. Béides hânt awer zesummen. A wéi esou oft ass et alt och erëm eng sozial Fro. Wien ass nämlech besonnesch betraff vun Iwwerschwemmungen an hiren Auswierkungen? Ganz oft vulnerabel Steit an och vulnerabel an och kleng Betriber.

Här President, komme mer elo zum Haaptgrond vun dëser Debatt, déi mir haut hei féieren: De 14. a 15. Juli 2021 ass enorm vill Reen iwwer 24 bis 48 Stonne vum Himmel erofgaangen. D'Peegelstänn vun de Flëss an d'Vitess, mat där dës erreecht goufen, waren erstaunlech. Mee si waren awer och net onbedéngt iwwerraschend, well et jo awer Virwarnunge gi sinn. Mir hunn en Dënschden hei an der Chamber doriwwer diskutéiert.

An dësem Zesummenhang gouf vu „Joerhonnert-héichwaasser“ geschwat. Mee wat ass iwwerhaapt domadder gemengt? Engersäits, dass esou en Héichwaasser natierlech net esou oft optrëtt; all 100 Joer, géif ee mengen. Wat dësen Term awer och ausseet, ass méi eng technesch Fro am Héichwaassermanagement. Den European Flood Awareness System weist a sengen Donnéeën aus, dass zu Lëtzebuerg d'Schutzmesuren esou konzipéiert sinn, dass se Héichwaasser kënnen ofwieren, wat „normal“ optrëtt. Mee mat den haut verfügbaren Donnéeën kéint ee projezéieren, dass et zu Lëtzebuerg oder zumindest regional am Land all 100 bis 150 Joer zu engem Héichwaasser kéim, mat deem d'Schutzmesuren net méi kloerkommen. Esou eent hate mer am Juli.

Wat d'EFAS mécht, si Berechnungen, déi engem abstrakt virkomme kënnen, mee si réckelen awer eng Fro an den Zentrum, an zwar: Kënnst esou en Héichwaasser an Zukunft net vill méi oft vir? A mir ginn nach méi wäit wéi den Här Gusty Graas: vläicht all 50 Joer oder vläicht all 10 Joer oder vläicht all 5 Joer? Mir wëssen et net. Mee warscheinlech ass dat awer schonn. Dat muss also fir d'Zukunft d'Grondiwwerleeung sinn, wann een iwwert d'Auswierkunge vun esou Iwwerschwemmunge schwätzt.

Den Héichwaassermanagementplang, dee jo am Moment iwwerschafft gëtt, muss deem onbedéngt Rechnung droen. Den aktuelle Plang ass vun 2015. Deen neien, deen 2021 bis 2027 gëlle soll, läit an engem Entworf vir. D'Avise sinn amgaangen eranzekommen.

Hei gi Viraussoen iwwert d'Warscheinlechkeet vun extreemem Héichwaasser gemaach. Déi sinn natierlech schwéier ze bewäerten, well et vill Onsécherheete gëtt. Fakt ass awer, dass deen Héichwaasserrisiko éischer fir den Hierscht an de Wanter gesi gëtt an net fir de Summer.

Am aktuell gültge Plang gëtt den Héichwaasserrisiko opgrond vu klimatesche Verännerungen, entre autres duerch méi intensiv Néierschléi am Summer, insgesamt just als minimal klammend gesinn.

D'Warscheinlechkeet vun engem sougenannte „Joerhonnert-héichwaasser“ gëtt no dëse Projektionen also net onbedéngt méi héich ageschat. Am Draft vum neie Plang sinn dës Projektionen vu méi Onsécherheet gepräagt an et fënn een änlech Aussoen erëm, wéi mer se och am Juli no den Iwwerschwemmungen héieren hunn.

Opgrond vun eise klengen Territoire ass et immens schwéier virauszugesinn, wou dee ville Reen erofgeet a wou a wéi staark et zu Iwwerschwemmunge kënn.

Mir mengen, dass een dat beim neien Héichwaasserplang a Fro stelle muss an dass hei de Precautionsprinzip onbedéngt gëlle muss! Also léiwer vill méi virsiichteg bleiwe wéi dat anert.

Här President, wellech Mesurë müssen also geholl ginn? Fir dës Fro kënnen ze beäntweren, muss een ëmmer déi systemesch Fro mat där méi plane-resch-technesch vun haut a Verbindung bréngen.

Natierlech mussen méi Flëss a Baache renaturéiert ginn. Dat ass jo och eng Entwécklung, déi och schonn deels leeft, well no joerzéngtelaanger Artificialiséierung vun de Biedem an de Flossbette festgestallt gouf, dass dat net nëmmen zu der Klimaderegulierung bäidreit, mee och de Risiko vun Héichwaasser vergréssert. Well kleng Baache ginn zu räissende Flëss a lafen iwwer, well se an urbaniséierte Gebidder keng Plaz méi hunn!

Den Här François Benoy ass och op de folgenden Deel schonn a senger Ried agaangen: Am Lëtzebuerger Land befënnst sech kee vun deenen 98 Uewerflächewaasserkierper - Flëss, Weieren an esou weider - an engem gudden ekologeschen Zoustand. Dëst ass nozeliesen am IFAB-Endbericht. Nee, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass net den International Football Association Board, mee et ass den Institut für Agrarökologie und Biodiversität. De Lien tëscht Ökologie a Resilienz gëtt op dëser Thematik immens däitlech. D'Renaturéierung vun dëse Gewässer oder d'Schafung vu Gréngsträife mat Beem an Hecken nieft Baache bréngen erwisenermoossen eng ekologesch Verbesserung vun der Waasserqualitéit an erméiglechen e bessert Ofzëie vum Waasser.

Hei stousse mir natierlech un d'Problematik vun der Buedemknappheet. Den Drock op de Buedem fir wirtschaftlech Aktivitéiten, fir Infrastruktur a Wunquartieren ze bauen, huet no an no zu der Aschränkung vun den natierlechen Iwwerschwemmungsgebiddere gefouert. Dat, gekoppelt un artifiziell an ageengte Flossbette, féiert zu vill méi séier klammende Peegele, wat d'Gefor vum Héichwaasser méi grouss mécht.

Dat dote sinn awer keng Froe vu Sensibiliséierung vun de Leit oder de Gemengen. Et ass wierklech eng Fro vu Buedempolitik, vu Landesplanung. Staat a Gemenge müssen d'Méiglechkeet hunn, fir un Terrainen ze kommen, déi fir eng Vergréisserung vun Ausbreetfläche fir Flëss a Baachen a Fro kommen - iwwer Virverkafrechte, iwwer Echange vum Terrain -, respektiv fir aner Mesuren an der natuerer Iwwerschwemmungspreventioun ze ergreifen.

De Pendant dozou ass natierlech, dass dat selwecht och gëllt fir Terrainen, déi sënnvoll sinn, fir Logementen ze bauen. Mee dat ass eng weider Dimension vun der Problematik ronderëm d'Notzung vum Buedem.

Dann ass et awer äusserst bedenklech, dass an den nei gebaute Quartieren awer éischer massiv zoubetonéiert gëtt fir den Amenagement vu Parkingen, breet Stroossen, Déifgaragen an esou weider. Et brauch ee just de Ban de Gasperich oder d'Hamilius-Plaz hei an der Stad ze kucken, fir just zwee Beispiller ze nennen.

Allgemeng ass en Trend vun Artificialiséierung a Versigelung vu Biedem ze gesi bei neie Wunquartieren, mee och a bestoenden. Nieft dem negativen ekologeschen Impakt vun dëse Bëtons- a Stengwüste léisst dës Entwécklung d'Kanäl bei Staarkreen ëmmer méi séier vollafen. Dat erkläert jo och, firwat am Juli vill Quartieren ënner Waasser stoungen, wou iwwerhaapt kee Floss a keng Baach an der Géigend war. Hei muss an eisen Ae gekuckt ginn, wéi een d'Versigelung op e Minimum reduzéiert kritt bei neie PAPen, mee insgesamt bei allen Neubauten. D'Bautereglementer an de Gemenge sinn do sécherlech en Hiewel.

Doriwwer eraus versigele mir vill Flächen duerch de Stroossebau. All nei Strooss, all neie Contournement zerstéiert d'Biodiversitéit a versigelt de Buedem, während Zuchstrecken net versigelen; d'Waasser leeft do jo of.

Den Zoustand an den Erhalt vun de Bëscher ass immens wichteg, fir engersäits d'Waasser, wat vun uewen eroffält, ze absorbéieren an anersäits CO<sub>2</sub> ze bannen a soumat zum Klimaschutz bäizedroen.

Dat neit Bëschgesetz, wat eng méi nohalteg Bewirtschaftung vum Bësch soll aféieren, ass hei sécherlech ganz interessant. Hei soll ënner anerem op manner a méi kleng Bëschweeër zrëckgegraff ginn. Wann awer da Bëscher fir nei Stroossen ofgeholzt ginn, schwätzt dat sécherlech net fir eng zukunfts-fäeg Resilienz!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*):- Komme mer elo zu der Landwirtschaft. Besonnesch d'Verdichtung vun de Biedem duerch den Asaz vun décken a schwéiere Maschinnen ass e grouse Problem. De Buedem gëtt esou kompaktéiert, dass d'Waasser net méi duerchlaf kann. Dat féiert zu engem Ofkill vum Grundwaasser an zu grouse Waassermassen, déi dann an Uewerflächegewässer landen. D'Iwwerschwemmungen an der Fiels a ronderëm ware jo och zum Deel dorobber zrëckzeféieren.

Här President, et kéint een elo nach duerch esou munch Beräicher goen, mee d'Konklusioun wieren ëmmer déi selwecht: Iwwerschwemmungen an hir





Preventioun mécht ee mat der Gestaltung an der Ëmgestaltung vum Buedem. Wéi beim Logement oder beim Naturschutz spillt also d'Fro vum Buedembesëtz eng grouss Roll. Wéi soll eng ambitiéis Politik an dese Beräicher gemaach ginn, wa Staat a Gemengen entweeder net wëllen oder net kënnen méi Flächen op eng sënnvoll Aart a Weis zoukafen respektiv wann d'Notzung vum private Grundbesëtz net esou reglementéiert ass, dass den allgemengen Interessi vun der Gesellschaft priméiert?

Et war och e ganz interessante Volet vum Här Wolter ze héieren, wou ganz vill Froen opkomm sinn, wou et och immens vill, denken ech, lddie sinn, déi ee ka mat an dee ganze Beräich hei huelen, a wou een och, mengen ech, muss consideréieren, wann et Gemenge sinn, déi ganz vill landwirtschaftlech Flächen hunn, dass een dat misst och an de ganze Beräich mat abezéien, fir deenen ënner d'Äerm ze gräifen, fir do och kënnen sënnvoll ze hëllefen. Well ech denken, mir sëtzen heibannen all an engem Boot a mir mussen all un deem nämlechte Strang zéien. Et gëtt wierklech Zäit, dass eppes geschitt!

Villmoools merci fir d'Nolauschteren. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och der Madamm Cecchetti. An, souwäit wéi ech dat gesinn, ass elo de leschte Riedner un der Rei, de Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*). - Merci, Här President. Haut si mer beim zweeten Deel vum Debat ronderëm d'Héichwaasserkatastroph vum leschte Summer. An d'Diskussioun haut ass immens wichtig, well alles, wat mer eigentlech en Dënschden diskutéiert hunn, war, wat een als Reaktioun gëtt, wann et esou wäit ass, an haut diskutéiere mer, dass et guer net esou wäit muss kommen.

Dat heescht, alles, wat do geschitt ass, kënnen mer mat enger gudder Preventioun a mat enger gesonder Natur eigentlech verënnern, ier d'Leit am Leed sinn.

(*M. Fernand Etgen reprend la présidence.*)

Duerfir ass haut eigentlech e ganz wichtigen Dossier, wou et awer net nëmmen drëm geet, fir schéin ze schwätzen, well ech hu virdu gesinn, u sech ass jiddereen d'accord, fir eppes ze maachen. D'Fro ass eeben, wat herno dann dovunner konkret an den nächste Joren, sief et bei de Gemengeverantwortlechen oder bei den nationale Verantwortlechen, ëmgusat gëtt.

Et ass ëmmer schéin, bei esou enger Interpellatioun hei eng kéier ze rappelléieren, wéi schéin dat ass, wa mer d'Natur an alles erhalen. Mee ech hunn awer aus Erfahrung an deene leschten dräi Joer och gemierkt, dass, wann et dann drëm geet, fir déi Projeten och esou naturfrëndlech ze maachen, wéi se sollte sinn, wann et ëm de Waasserschutz geet, net jidderee matmécht an och net all Promoteur dovunner ze iwwerzeegen ass an och net jiddereen, deen iergende Projet realiséiert.

An dat ass sécherlech ee vun de Problemer. Mir kënnen hei zwar vill iwwert déi Preventioun schwätzen, mee wat awer herno um Terrain ukënnt, ass dann eng aner Geschicht. An ech hoffen, dass och all déi Parteien, déi awer haut esou schéi geschwat hunn, dass mer ..., well ech mengen, eigentlech si mer enger Meenung: dass een net kann esou weidermaachen, wéi dat bis elo de Fall war. Wann ech haut d'Riede lauschteren, dann hoffen ech awer och, dass dat an den nächste Gesetzer esou wäert ofgestëmmt ginn an dass dat dann och op de Gemengen esou wäert geschéien, well ech och ganz vill Gemengen awer an deem Dossier an der Verantwortung gesinn.

Hunn ech en Dënschdeg Merci gesot allegueren deene Leit, déi am Asaz waren, wéi et esou wäit war, soen ech awer haut emol de Leit Merci, déi dat Ganzt plangen, dat sinn d'Ingenieuren, d'Landchaftsplanger bei de Ministèren, Gemengen, Syndicaten, déi eng ganz wichtig Aarbecht maachen, an zwar och fir d'Sécherheet vun de Leit, fir eeben ze verënnern, dass eppes kënnt.

A mir Piraten si ganz kloer der Meenung, dass an Zukunft wäert méi oft Héichwaasser kommen, Staarkreen, well mir erkennen déi Klimakris ganz kloer un! An et kann een elo soen: „Et war virun e puer Joer schonn eng kéier.“ Mir sinn awer trotzdem der Meenung, dass duerch d'Äerderwärmung déi Phenomeener wäerte méi oft optrieden. An ech war d'leschte kéier selwer beim Staarkreen zu Péiteng betraff. Also, dat war net virauszugesinn! Do war och keng Warnung virdu.

Et ass vun de Warnunge geschwat ginn. Et huet ee fënnf Minutten aus der Fënster gekuckt, an du war alles iwwergelaf. Ech stoung am Waasser bis iwwert d'Knéien. Also, dat ass esou schnell gaangen an do ass et och schwierig, fir iergendwellech Warnungen ze maachen.

Dat heescht, déi eenzeg Méiglechkeet, déi mer do hunn, ass, manner ze versigelen an eeben deementsprechend, jo, de Leit d'Chance ze ginn ..., dass de

Kanal an alles ronderëm et packt. An dat ass eeben de Problem, dass mer dat vläicht haut net ëmmer hunn. An do ass et och - zur Éierlechkeet -, wou mir, wa mer an der Chamber et soen, ganz éierlech musse sinn, dass mer de Leit dobausse keen 100%ege Schutz kënnen versprechen, egal wéi eng Mesurë mer elo wäerten huelen.

Mir wäerte sécherlech allegueren heibannen, déi 60, dat méiglechst Beschit maachen, wat an eisen Hänn läit. Mee, wéi gesot, dee Staarkreen, dat war a fënnf Minutten. Et hätt och kee sech geduecht, dass dat genau op där Plaz géif optrieden. An do brauche mer de Leit och keng Illusiounen ze maachen, dass iergenden 100%ege Schutz wäert kommen.

Et ass awer esou, dat hat ech och schonn an der Ëmweltkommissioun eng kéier ugeschwat: Et gëtt awer hautzudaags digital Toolen, déi zumindest zäitno mat enger Virausso d'Méiglechkeet hunn, fir ze soen, wou d'Waasser erofkënnt, wou e Staarkreen ass oder wou Iwwerschwemmunge kommen. An ech hat déi Fro jo och schonn der Madamm Ministesch gestallt an et ass mer jo versprach ginn, dass mer an der Kommissioun elo eng kéier méi genau gewise kréien, wéi mir eis am Land drop vibereden, wat dat Digitaalt ubelaangt.

Well dat ass ganz wichtig, déi Kaarten ze hunn, déi Outilen ze hunn, fir ze soen, wou d'Waasser erofkënnt a wat d'Auswierkunge sinn. Well dat ass jo alles och eng Simulatioun op e puer Stonnen, heiansdo op e puer Deeg, wou ee ka soen: „Hei, do an do kënnt d'Waasser!“

An ech freeë mech schonn, wann d'Madamm Ministesch an d'Kommissioun wäert komme mat hire Leit, fir eis déi Software virstellen, well dat ass fir eis Piraten mat ee vun de wichtigsten Outilen, déi mer kënnen hunn, fir d'Leit ze warnen an hinnen ze soen: „Do kënnt eppes!“

Beim Héichwaasser am Juli hu mer gesinn, dass de Stauséi et gepackt huet. Do ware mer allegueren heibanne ganz frou driwwer, dass dat e System ass, dee sech bewäert huet. Dat ass ganz wichtig gewiescht, well et eng Pist ass, wou ee kann an Zukunft kucken, dass een d'Waasser e bësse reguliséiert kritt, sief dat elo mat deenen eenzelne Barriären, déi ee laanscht d'Gewässer opstellt ...

Natierlech muss een do kucken, dass elo net - ech wëll elo net soen, egoistescht -, mee eng Gemeng op eemol alles verbarrikadéiert an déi nächst Gemeng kritt dann dat ganzt Waasser dohin. Do ass et och, fir solidaresch ze kucken, dass een net deem aneren herno einfach d'Waasser weiderleet, och wann een da selwer kee Schued huet, mee deen Nächsten dann do hänkt. Dat ass deen anere Problem, dee mer ganz kloer musse kucken, wa mer op déi Technik setzen.

Zu de Réckhaltebecken, jo, där gëtt et der nach net vill. Mee dat ass och elo e Phenomeen, wou mer elo och méi sensibiliséiert gi sinn duerch eeben dat staarkt Waasser, dass mer musse méi där Réckhaltebecke bauen, well mer soss d'Waasser net Meeschter ginn.

Fir eis Piraten ass et och do ganz kloer, dass mer müssen en neien Émgang mam Waasser kréien, mat deem Waasser, dat um Daach lant, wéi mer dat verwenden. Well mir müssen net alles an de Kanal iergendzwousch hispullen. Mir kënnen Gebaier bauen, wou mer dat Waasser opfänken, an da geet et emol net direkt an de Kanal, fir deen ze iwwerlaaschten. Mir kënnen et huele fir d'Toiletten, mir kënnen et huele fir ze botzen, mir kënnen et fir Allméigleches huelen, mir kënnen d'Waasser fir de Gaart huelen.

An dat musse mer och an den ëffentleche Gebaier emol méi maachen, well dat Waasser gëtt dann opgefaangen. Dat gëtt dann emol net bei engem Héichwaasser an e Circuit oder bei engem Staarkreen an dee Circuit direkt zrëckgefouert, wat och emol eng Léisung wär. An dat Positiivt wär: Mir hätten och nach Waasser gespuert an eppes fir d'Ëmwelt gemaach.

Natierlech musse mer eis Bautepolitik iwwerdenken! Ech mengen, do si mer och allegueren hei enger Meenung. Ech kann och mam Här Graas do deem ech nach eng kéier Merci soen, dass en déi Interpellatioun haut ugefrot huet - ganz gutt liewen, dass mer an d'Héicht bauen. Ech mengen, wa mer dee Wuesstum, dee mer am Moment zu Lëtzebuerg hunn ... An et kann een eng Diskussioun féieren, ob mer dee Wuesstum weider behalen oder net, mee dat ass elo net haut d'Plaz. Mee wa mer weider wuessen, wéi et jo awer am Moment ausgesäit, da muss een och eng kéier esou éierlech sinn an de Leit soen: De Lëtzeburger Buedem ass nun emol endlech, da musse mer eeben an d'Héicht bauen. An dat därëf och keen Tabu sinn!

Wa mir an der Chamber dat emol géifen uschwätzen an net ëmmer schlechtrieden, da géifen d'Leit och dobausse vläicht méi positiv reagéieren, well, jo, mir hunn de Logementsproblem, deen op där enger Säit erfuerdert, dass mer méi héich bauen, mee mir hunn awer och nach en Ëmweltproblem op där anerer Säit mat der Versigelung vun eise Bie-

dem, soudass mer u sech keng aner Alternativ hunn, wéi an d'Héicht ze bauen.

Mee ech weess natierlech och, déi éischt Partei, déi domat erauskënnt, dass déi net onbedéngt nëmme Likes kritt. Dat ass warscheinlech och de Risiko, firwat dass net jidderee sech traut, offen ze soen, dass mer müssen an d'Héicht bauen. Well den Här Graas hat och Recht: D'Architekten hunn net ëmmer déi beschte Kreativitéit. Mee et gesäit een awer an anere Stied, dass et ka besser gemaach ginn. A sécherlech ass et heiansdo och e Käschtepunkt, dass de Promoteur gäre méiglechst déif am Präis bleift oder de Benefiss méiglechst héich soll sinn, an da gëtt eeben net esou schéi gebaut, wéi et kéint sinn.

Et ass och wichtig, dass mer an Zukunft ophalen, ze no bei de Flëss oder de Baachen ze bauen oder souguer hinzegoen, wéi dat elo bei eis eng kéier de Fall ass, dass eng Baach komplett ënnerierdesch verluecht gëtt. Dat, mengen ech, si Mesuren, déi mer an enger moderner Zäit elo net méi sollte maachen, wa mer d'Situatioun wierklech erkannt hunn.

Et muss een och higoen an do, wou scho Schued entstanen ass, well mer de Flëss net genuch Plaz loosenen oder de Baachen, dass mer do op eng Renaturéierung ginn, fir eeben déi Ausfläichen ze schafen, dass mer higinn, wann eng kéier dat Waasser kënnt, dass se sech kënnen ausbreeden.

Et gi jo do ganz kloer Etüden, wéi ech se elo an de Recherchen zu deser Interpellatioun haut nach eng kéier konnt kucken, wou dat am Ausland zum Deel super fonctionéiert huet. Natierlech, wann een elo wéi Rheinland-Pfalz esou eng Mass vu Waasser kritt, da bréngt och keen Auslaf eppes. Do wëll ech kengem eng Hoffnung maachen. Mee awer bei méi klenge Fäll kënnen déi Ausfläichen, wa mer net direkt Haiser oder Parkingen oder soss eppes dropbauen, deementsprechend immens vill hëllefen.

An natierlech ass dat dann och Bauland, wat net benotzt gëtt! Mee bon, mir müssen awer och eng kéier un eis Natur denken, un eist Klima. Et geet net nëmmen drëms, fir iergendwéi méiglechst vill ze bauen.

An dat ass och en Thema, och do mécht ee sech an enger Gemeng net beléift, mee ech hunn et awer schonn e puermol bei eis gesot, dass mer sollen ophalen, déi Gäert aus Steng virun d'Dier ze maachen. Ech weess, do kréien ech och net vill Likes, éischter de Contraire, dass d'Leit soen: „Jo, mee dann hunn ech awer keng Aarbecht.“ Jo, esou einfach ass et awer och net! Wann een e steernerne Gaart mécht, jo, do ass awer dann an der Gemeng erëm esou vill Fläch versigelt.

An dat ass eeben och eppes, wou mer awer vläicht eng kéier sollten national driwwer nodenken, ob mer net sollten higoen an och do eng Mesure ergräifen, fir eeben net drop ze hoffen, dass all eenzel Gemeng dat an hirem PAG mécht, mee dass mer do national erkennen, dass bei engem Bau eeben esou vill muss Gréngfläch sinn.

Ech mengen, Dir mierkt, et gëtt net een eenzegt Mëttel an et gëtt kee Wonnermëttel. Dat Ganzt ass e Puzzle. A wann ech jo awer haut déi schéi Rieden héieren hunn, ech mengen, huet jiddereen d'Situatioun erkannt. Et ass eeben elo d'Fro, wéi een dat herno a Musek ëmwandelt, fir de Leit eeben ze hëllefen, well et ass traureg, dat ze soen, mee esou Situatiounen wéi am Juli wäerten erëm optrieden, leider. An als Politik musse mer de Leit da méiglechst alles ginn, fir dass d'Waasser net bei hinnen doheem ukënnt, mee d'Natur et iergendwéi virdu opfänke kann, esou wéi et och fréier war.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*). - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci villmoools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.* - Villmoools merci, Här President. Dir Dammen an Hären Deputéiert, erlaabt mer, als Éischt dem Gusty Graas e grouse Merci ze soe fir dës Ufro fir d'Interpellatioun an dann awer allen Deputéierten, déi interwenéiert hunn, och e Merci ze soen, well de Bléck war haut wierklech no vir gericht, et war léisungsorientéiert. An ech fannen esou eng Form vun Debatten extreem wichtig hei an deem héijen Haus, well et handelt sech wierklech drëm: Wéi gi mer allegueren responsabel mat där Klimakris ëm a mat den Auswierkungen, déi déi huet?

An insbesondere d'Upassung, méi Resilienz opzebauen, dat ass eng vun de groussen Erausforderungen, wa mer op de Waasserzyklus als Ganzt kucken. Do schwätze mer net nëmme just vum Héichwaasser, mee insgesamt an vum Dréchenten déi dräi Jore virdu, a vun Dréinkwaasser, dass mer genuch Dréinkwaasser hunn, an insgesamt, dass mer natierlech ëmmer de Mënsch an de Fokus stellen, d'Allgemengwuel an de Fokus stelle vis-à-vis vu Partikularinteressen, a wéi mer gutt domadder wei-

derkommen, fir dee Schutz, déi Resilienz opzebauen.

An ech mengen, ech hu ganz vill Konsens hei gesinn haut, soudass mer op där enger Säit eng gutt Basis hu fir ze schaffen. An dat ass emol wichtig!

Mir hunn d'Waassergesetz 2017 hei esou geännert, dass mer d'Gemengen an d'Privatleit besser kënnen ënnerstëtzen. Mir hu Flosspartnerschaften an Héichwaasserpartnerschaften, déi en place sinn, Gemengen, déi gemeinsam mam Staat a mat den Administratiounen ..., deenen ech och ganz gären hei e grouse Merci soen, well si waren an de leschte Méint ganz vill gechallengeet, och grad eise Service de prévision des crues, awer och d'Waasserverwaltung, well mer och direkt Reaktiounen natierlech hu misse weisen, fir d'Leit net nach weider ze veronsécheren, well esou eng Héichwaasserkatastroph, wéi mer se erlieft hunn, wierkt och bei ganz ville Leit, dass se Angscht hunn allkéiers, wann et reent.

Mir si gutt opgestallt och, well mir brauche jo hei d'Gemenge mat am Boot, mir brauchen och eng gutt Reaktioun vun de Leit. An do hu mer fir d'Gemenge speziell och an dem leschte Joer Instrumenter geschafen am Kader vum Klimapakt 2.0, wou mer jo Upassungen un de Klimawandel mat drage-maach hunn, deen dann éischter den technesche Volet och vum Héichwaasserschutz an de Gemenge mat thematiséiert. Do kann een eng Zousatz-zertifizéierung maachen.

Mir brauchen awer och ekologesch d'Renaturéierung vun eise Baachen. An déi fannt Der dann am Naturpakt, wou mer jo grad amgaange sinn, d'Roadmap ze maachen, a wou vill Gemenge sech interesséieren. An do sinn dann och Elementer dran, dass d'Gemenge mat belount ginn, wa se an hirem Baureglement eebe grad Aktiounen huele géint d'Steegäert, wa se déi privat Propriétaire mathuelen op de Wee fir eng naturno Gestiou.

Well do ka jidderee bei sech ..., an ech mengen, dat ass och wichtig, dass mer den Equiliber hunn, dass all Acteuren op hirem Feld dat maachen. Mir sinn da fir deen nationale Volet an där Hisiicht prett, dass op där enger Säit iwwert d'Waassergesetz - an do kommen ech elo gläich och op dem Här Wolter seng Remarken zrëck -, dass mer do prett sinn, fir d'Gemengen uerdentlech ze ënnerstëtzen.

Mir sinn awer duerchaus och bereet, Här Wolter, fir dat nach weider ze klarifizéieren, a mir kënnen, mengen ech, mam besteenden Text gutt schaffen. An ech wäert elo gläich dorobber agoen.

Dann hu mer en Upassungsplang, e Klimaupassungsplang 2018-2023. Doran ass e grouse Volet eeben och den Héichwaasserrisikomanagement. An e konkret Resultat, an dat wëll ech hei eng kéier betounen, dat ass déi Staarkreekaart national an och de Management, wéi mer mam Staarkreen ëmginn. Do si mir, a meng Ekippen haten do gëschter an haut nach eng kéier Pourparlere mat anere Scientifiquen aus anere Länner, Pionéier. Do si mir wäit vir, well mir sinn eent vun deene ganz weinege Länner, déi schonn dës kéier an hirem Héichwaasserrisiko-Managementplang déi Mesure vum Staarkree mat abauen.

An dat ass och en Deel vun der Äntwert, Här Wolter, op Är Fro. Well mir am zweeten Héichwaasserrisiko-Managementplang - dee jo am Moment nach fir d'Gemengen an der Consultatioun ass, an ech hoffen, dass bis de 24. nach vill Gemengen eppes erareeche -, well mer do dat Element vum Staarkree mat abauen, si mer à même, do och eng Reaktioun ze weisen.

An dat ass eppes, wou mer méi wäit gi wéi d'Direktiv. Dat gëtt eis jo oft virgeworf, mee an deem Fall hu mer einfach gesot: Dat doten ass eppes, wat mer zu Lëtzebuerg ëmmer méi gesinn. Mir sinn op der Waasserscheed, mir hu ganz vill kleng Gewässer. Mir hunn net nëmmen déi 17 grouss Gewässer - do si mer vu 15 op 17 eropgaangen -, mee mir hunn och ganz vill speziell Situatiounen an déi sinn iwwerall am Land.

An duerfir hu mer gesot: Mir brauchen och nach weider Outil wéi just déi wichtig Kaart, déi am Krisefall ..., an deen Outil, déi Kaart, déi mer haut hunn, déi jo vun 2019 ass, am Héichwaasserberäich, wou mer genee gesinn: Ab wéini sinn da wierklech Leit a Gefor? Ab wéini ass wéi eng Strooss zou, wou mer vläicht net méi erauskommen? Dat ass jo am Krisefall wichtig, dass een all déi doten Informatiounen huet. Do hu mer gutt Kaarten. Do hu mer och gesinn, dass se sech vill bestätegt hunn.

Ech kommen elo nach eng kéier zrëck, ech wëll nämlech ..., well och verschidde Froe waren.

D'Madamm Hemmen hat zum Beispill gefrot: „Wéi ass et da mat den direkten Auswierkungen?“ Ma dat ass ganz, ganz schwierig ze soen, souwuel bei de Fësch, well bei den Auswierkungen ..., dat hei ass en eemolegt Event. Do hu mer ganz vill aneren Drock, deen op de Fësch zum Beispill, op de Liewewiesen am Waasser ass.

Dat heescht, et ass ganz schwierig ze soen: Wat ass dann elo duerch d'Héichwaasser geschitt? Dat,





wat schwierig ass, wann eng Iwwerschwemmung war an d'Waasser geet erëm zrëck: dass een dann eebe Fësch um Rand leien huet. An och déi Saachen, déi do mat drakommen, viles gëtt dann och mat weidergeschwemmt. Also, et ass ganz schwierig tatsächlech, elo e gudder Bilan ze maachen dorüwer, wat elo zrëckbleift.

Wat mer kënnen soen, ass: Um Niveau vun den Infrastrukturen, do hate mer véier Kläranlagen, déi beëtraff waren. Dofir ass Beetebuger erëm, souwäit meng Informatiounen sinn, an der Rei, also halbwegs an der Rei, an déi aner ginn nach manuell bedriwwen, déi un der Sauer. Dat heescht, do ass elo nach e bëssen Aarbecht ze maachen, mee dat kréie mer an de Grëff.

An och beim Drénkwaasser ass et esou, bei deenen Drénkwaasserquellen, déi a Matleedschaft gezu ginn, do ass d'Waasser natierlech erëm an der Rei. Dat war no kuerzer Zäit erëm an der Rei. Mee déi ginn awer elo nach weider chloréiert, fir eeben ze evitéieren, dass eppes geschitt.

A wa mer iwwer „kuerzfristeg“ schwätzen, dann hat ech och schonn en Dëschdeg gesot: Ech war och bei Gemengen. Well natierlech ass et esou, an dat hu vill Riedner gesot, dass mer mussen aus all eenzelnen vun esou Tëscheffäll - mir haten immens Gléck, dass kee gestuerwen ass! - awer och eis Léieren zéien. An duerfir ass et och esou, dass mer net nëmme mat der Verwaltung, mat de Mataarbechter vum Ministère bei eenzel Gemengen gaangen sinn, dass och Rendez-vous waren - den Här Wolter hat jo och een -, mee änlech wéi 2016 an 2018 hu mer et esou gemaach, dass mer zesumme mam LIST a mat anere Büron e Rapport gemaach hunn, dass mer gekuckt hunn: Wat genee ass dann do geschitt?

An dat hu mer 2016 gemaach, 2018 gemaach, a meng Virgänger wëssen dat och. 2011 gouf dat och scho gemaach, dass d'Verwaltung zesumme mat dem LIST gekuckt huet, dass dat wëssenschaftlech opgeschafft gëtt. Déi, déi Interessi hunn, déi kënnen sech och déi Opschaffung ukucken, do gëtt et och eng vulgariséiert Versioun derbäi, déi ass am Internet och haut nach zougänglech, vun deenen Evenementer, well mir wollte genee wëssen: An Zukunft, wou leeft dat Waasser hin? Wat kënnen mer maachen, fir d'Leit besser ze schützen? An dat wäerte mer natierlech och dës Keier mam LIST an awer och mat anere Büron an Ugrëff huelen, well et natierlech gëllt, dass een aus all Krisen och seng Léieren zitt!

An där Hisiicht wäerte mer och, fir nach méi Input ze kréien, am November Workshoppe maache mat deenen eenzelnen Héichwaasserpartnerschaften, well dat ass jo och dee Gremium, wou dann d'Gemengen zesumme mat de staatlechen Acteuren den Echange hunn.

An et wäert och esou sinn, dass mer ... Mir sinn amgaangen, un enger App ze schaffen. „Meine Pegel“ ass d'aktuell Versioun; ech hat dat en Dëschdeg scho gesot. Et ass jo esou, mir hu 37 Pegelen um ... Wéi en herno heescht hei, dat mussen mer nach kucken.

#### (Hilarité)

An Däitschland gëtt et e schonn, duerfir soen ech, wéi et haut heescht. Zu Lëtzebuerg ginn et 37 Pegelen. Dofir sinn der 11, wou mer Virussoe kënnen maachen, op 24 Stonnen. Dat sinn dann déi, déi d'Leit och kënnen kucken. Haut kann een uruffen, et kann een um Internet kucken. Dat ass och alles relativ user-friendly gemaach.

Mir gesinn awer, dass dat net esou consultéiert gëtt, wéi et misst sinn. Well et awer esou eng App an Däitschland gëtt, ass schonn 2020 Kontakt opgeholl ginn, a mir hoffen, dass mer dann déi App kënnen fir 2022 och de Leit zur Verfügung stellen. Well et ass vëllecht richteg, dass mer d'Leit och musse an Virfeld ... Do mussen mer natierlech nach d'Messagë ginn, wéi een dat interpretéiert. Do wäerten dann och nach Saachen ze maache sinn.

Mee ech wëll awer soen, dass do duerchaus de Service de prévision des crues net nëmmen eréischt zanter der Iwwerschwemmung drun um Schaffen ass, wéi mer gesinn un deene Progrèsen, déi mer gemaach hunn. An ech kann lech soen, dass mer mat deene Berechnungsmethoden, déi an deene leschte Joren ëmmer verbessert goufen, awer vill Progrès gemaach hunn. Dat huet och net bei eis ugefaangen. Och meng Virgänger hunn dat ugefaangen. A mir hunn elo konstant ëmmer erëm an de Servicer dorunner geschafft.

Da kommen ech op d'Fro vun de Kompetenzen.

#### (Hilarité)

Den Här Wolter hat den Artikel 36 vum Waassergesetz zitéiert. An ech mengen, et waren och d'Madamm Hemmen an den Här Graas, déi gesot hunn, et war einfach wichteg. Et muss ee wëssen, wéi dat Waassergesetz entstanden ass. Do hu mer jo ganz al Textbaustelle mat derbäi, mat enger Iwwerschaffung 2008. Mir hunn do deemools 2017 och näischt dru geännert. Mee ech ka verstoen, dass et eng gewësse Verwirrung gëtt, wat d'Kompetenzen ugeet.

Et steet dodran: « L'Administration de la gestion de l'eau coordonne et surveille l'entretien des eaux de surface » Dat heescht och net: „Si mécht alles.“ Mir sinn natierlech mat enger Administratioun, déi 18 Leit um Terrain huet fir iwwer 1.000 Kilometer, net à mème, fir all Gestünn ze maachen. An ech mengen, Dir wësst dat och, meng Virgänger, déi wëssen dat och.

Wann Der dat vergläicht, wéi vill Leit um Terrain sinn, fir d'Gestünn vun Beispill vum Stroosseseau ze maachen, dann ass dat ... Also, net fir deenen elo eppes virzwerfen, mee da kann een einfach soen, mat esou weenigen Aarbechtskräften, déi um Terrain sinn an de Regionalstellen, do mussen mer eis mat de Gemengen uerdentlech concertéieren.

An duerfir och ganz kloer, an Dir wësst et: D'Waasserverwaltung ass amgaangen, un enger Konventioun ze schaffen, well mir kënnen dat. Dat steet nämlech och am Artikel 36 (4), dass mer kënnen eng Konventioun maachen. A mir sinn amgaangen, do dee Punkt grad ze klarifizéieren, soudass mer mengen, dass mer deene Gemengen, déi wëllen sinn, mat eis ze schaffen, an déi och mengen, dass et e Besoin gëtt, fir dat ze klarifizéieren, dass mer alle Gemengen do wäerten eng Konventioun, déi vun der Waasserverwaltung préparéiert gëtt, zoukomme loosse. An da kréie mer déi dote Saache gekläert. Well ech verstinn all d'Gemengeresponsabel, déi soen: „Ech weess net, ob ech dofir oder dofir responsabel sinn.“ Ech mengen, dat ass den Exercice, dee sollt een op alle Fall maachen.

Et gëllt awer net fir d'Retentiounsbecken! D'Retentiounsbecken, déi bei engem konkrete Projet sinn oder bei enger Zon, do ass natierlech d'Responsabilitéit ganz kloer. Dat ass ëmmer de Requirerant, deen de Projet mécht, sief et elo eng Gemeng, sief et de Staat, sief et en enger nationaler Industriezon zum Beispill oder awer och e Privaten, deen déi huet misse maachen. Do ass den Entretien awer ganz kloer gereegelt. Dat ass elo net de selwechte Cas de figure wéi bei de Baachen.

Awer trotzdem wëll ech och als Ëmweltministesch e Retentiounsbecken. Do gesi mer och, wa sech do e Biotop gebilt huet. Natierlech sollen do och kënnen Aarbechte gemaach ginn. An dat gesi mer och geneesou, dass dat eeben eng Zerstéierung ass, déi awer erëm herno zu engem neie Biotop och féiert.

Natierlech soll bei Retentiounsbecken déi wichteg Aufgab vun der Retentioun priméieren. An dat muss natierlech net op enger anerer Plaz kompenséiert ginn. Woubäi: De Kompenséierungsprinzip, an den Här Wolter huet dat gesot, fir all éischter technesch Mesuren am Héichwaasserschutz oder Bebauungen, deen ass natierlech soss ze applizéieren.

Da gouf och d'Fro gestallt: Natierlech, an do ginn ech dem Här Wolter Recht, bei de Grief, dat muss och klarifizéiert ginn. Dorobber kann ech lech haut nach keng Äntwert ginn, mee dat wäerte mir sécherlech upaken, well mer insgesamt och d'Zesummenaarbecht mat der Landwirtschaft nach eng Keier genee wäerten upaken. Dat ass eng Ursachebekämpfung.

Do ass et och esou, an dat gouf mer vu ganz ville Gemengen zougedroen, wéi ech bei hinne war: Mir si jo am Moment amgaang ze kucken, grad de Staarkreen nach besser ze thematiséieren. An do brauchen mer natierlech, wa mer vun Erosioun schwätzen, Gréngsträifen. Do mussen mer kucken, wéi bewirtschaft gëtt. Mee dat geet awer just zesummen. An do, mengen ech, muss een de Lien maache mat aneren Instrumenter, déi mer en place hunn.

Wa mer bei de Retentiounsbecken, déi net mat Retentiounszonen, wou mer amgaange sinn, e Kadaster ze erstellen zanter 2020, ze verwiessele sinn ... Retentiounszonen, wouvu schwätze mer do? Ma dat si laanscht déi 17 Gewässer gréisser Zonen, wou mer kucken, och historesch: Wou hätte mer dann nach Plaz zum Beispill, fir nach Waasser hifléissen ze loosse?

Déi Etüd ass nach amgaang, si ass nach net fäerdeg. Et gëtt viséiert, fir 2022 fäerdeg ze sinn, fir dass mer ganz genee soen: Majo, wou sinn dann déi Plazen, wou mer nach zousätzlech kënnen Plaz schafen an deenen Eeschtfall? Déi wäert op alle Fall kommen, genauso wéi och den Depot vum Projet de loi fir d'Évacuation des crues vum Stauséi. Do si mer och amgaang, drun ze schaffen.

Geplangt ass, dass mer et 2022 deposéieren an dass de Bau da vläicht dat Joer drop kann ufänken. Mir mussen och wëssen: Dat si véier Joer Bauzäit. Dat heescht, dat ass och net näischt! Mee do si mer ganz konkret drun um Schaffen.

An da kommen ech op dee ganz wichteg Beräich vun den Ursachebekämpfungen an de Laangzäitstrategien, well genau dat ass et, wat mer brauchen, wa mer méi resilient wëlle ginn.

Ech mengen, wat ech flott fonnt hunn haut, dat ass, dass esou e groussen Accord hei an dësem héijen Haus ass fir d'Renatüréierungen, Renaturéierungen,

déi à ce stade awer deelweis éischter gebremst gi wéinst Terrainen, déi eis feelen, wou mer deelweis laang gebraucht hu fir verschidden Acteuren, wou mer awer op där anerer Säit gesinn un deene flotte Renaturéierungen, sief et elo Kéidenger Brill, sief et elo Izeg, sief et awer elo och ...

Also, mir hunn där jo scho vill. Mir hunn Der, déi si fäerdeg. Do kënnen d'Gemengen eis soen: „Hei, dat huet geklappt, dat huet ofgepuffert.“ Et ass keen Allheilmittel, mee mir schafen eng Win-win-Situatioun. Renaturéierung sinn an de leschte Jore 25 Kilometer gemaach ginn. Dat ass definitiv net genuch. Do mussen mer eng nei Dynamik drakréien. An dat hoffe mer natierlech ze kréien, net nëmmen duerch den Héichwaasserrisiko-Management, mee och duerch den drëtten Bewirtschaftungsplan, dee mer jo och en parallèle amgaange sinn ze beschaffen. Do hutt Der eng ganz Retsch Mesuren.

Ech kommen nach eng Keier kuerz, och well et a verschiddene Rieden ugetaacht ginn ass, op deen ominéisen Héichwaasserrisiko-Managementplan zrëck, wou mer dann och d'Staarkreekomponent hunn. Well ech mengen, wat ganz wichteg ass och fir eis alleguerten, dat ass, dass mer eis nach eng Keier bewosst maachen: Dat eent ass d'Héichwaasser. Do hu mer eng Direktiv. Do schaffe mer europäesch zesummen. Do hu mer eis ganz kloer Obligatiounen ginn.

D'ailleurs ass et och net esou, wéi et en Dëschdeg gesot ginn ass. Do hu mer kloer Zykle vu sechs Joer. Wann eppes ugepasst gëtt, dat ass och net vun haut op muer, mee déi Kaarte ginn och duerch eng Consultation du public an eréischt duerno gëtt de Managementplan gemaach. Ech mengen, den Här Wolter weess dat och ganz genee vu sengem Passé.

Déi Héichwaasserkaarte laanscht déi 17 Gewässer, do sinn natierlech ..., do hu mer de Règlement grand-ducal herno. An dat ass mat Obligatiounen verbonden.

Dofir, wa mer dann den Artikel 39 vum Waassergesetz kucken, mussen mer awer oppassen, op wat mer dat dann alles applizéieren. Mir mussen och oppassen - an, ech mengen, do ass awer och, wa mer et länger diskutéieren, hei e Konsens -, dass mer elo net do Saache blockéieren an iwwer reng Verbueter fueren, mee wierklech Richtung waassergerecht bauen. Well mir si jo haut scho restriktiv. Am zéngjäregen Héichwaasser maache mer jo näischt. Honnertjäreg an extreem: Bei „extrem“ hu mer Flexibilitäten a bei „honnertjäreg“ hu mer och Obligatiounen. Dat kann och klappen!

#### (Interruptions)

Mir mussen virun allem oppassen, well mer jo mieren, dass mer ëmmer méi Evenementer kréien. Da mussen mer et uerdentlech ëmsetzen, et net als Laascht gesinn, mee als Chance, dass och déi Uertschaften, déi un deene grouse Gewässer sinn ..., an ech zielen der vläicht e puer op: Miersch, d'Nordstad, Ettelbréck, Dikrech, lechternach, d'ganz Musel. Déi si jo un deene grouse Gewässer.

Wa mer net wëllen op alle Plaze just Verbueter hunn, dann, mengen ech, muss ee wierklech méi sensibiliséieren, fir héichwaassergerecht ze bauen. Mir mussen virun allem och oppassen, dass net een deem aneren iergendeppes zouschibt. An dofir gi mer natierlech an deene Pläng ganz kloer drop an, dass mer och de Retour vun de Gemengen wëllen.

Eng vun de Froen war: „Kënn Der eis schonn eng Réckmeldung ginn, wéi vill Saachen Der erakrut beim Héichwaasserrisiko-Managementplan, dee jo de 24. Juni virgestallt gouf an elo an der Consultation du public war?“ Ben, trotz deenen Iwwerschwemmungen ass de Retour net immens héich. À ce stade hu mer 7 Avisa vu Leit a 14 Gemengen, déi hir Retouren ginn hunn. Do hoffen ech also nach, dass elo den Endspurt genotzt gëtt, fir nach méi Réckmeldungen vun de Gemengen ze kréien.

Dat ass och eppes, mir mussen d'Sensibilitéit fir d'Thema Héichwaasser a Staarkree stäerken! Dofir sinn ech esou frou iwwer d'Debatt haut. Ech sinn och esou frou, dass jidderee gesot huet: „Dat ass esou wichteg“, well ech kann lech soen, 2019 hu mer d'Staarkreekaart jo erstelle gelooss. Dinn hu mer se bei d'Gemenge geschéckt an eréischt nom Réckruffe vun der Waasserverwaltung hate mer ronn 68 Gemengen, déi eis e Retour ginn hunn.

Et ass awer wichteg, dass d'Waasserverwaltung - well mir ware jo déi éischt, déi dat wierklech national ugepaakt hunn an all Gemeng gekuckt hunn - do validéiert a plausibiliséiert Date kritt, fir dass déi Pläng och wierklech d'Strooss halen. Da soen ech och den Ënnerscheid, well do hu mer jo keng europäesch Legislatioun bei de Staarkreekaarten. Do si mer Pionéier. Dat betrëfft ganz, ganz vill méi Gebieder. Dofir sinn déi am Moment och just fir ze sensibiliséieren, fir genee ze weisen an ze informéieren. Well dat ass den Ënnerscheid zu den Héichwaasser-Managementpläng, déi mat Obligatiounen an anere Saache behaft ginn.

Mir mussen hei e bësse kucken, wéi mer déi dote Saachen an der Zukunft anescht kënnen abauen. À

ce stade sinn dat wierklech Pläng, wou mer ... An do mussen mer natierlech och oppassen, well Staarkree ka potenziell iwwerall sinn. Do mussen mer net un engem Gewässer sinn.

Mee den Héichwaasserrisiko bei dem classeschen Héichwaasserrisiko-Management, ech mengen, do hu mer awer e Gewässer. An do ass vill méi oft d'Potenzial, dass genee un deem Gewässer eppes geschitt. Bei deem aneren, dat ass wierklech ganz punktuell. An do mussen mer eeben oppassen, wéi mer domadder ëmginn. Do ass fir mech déi ganz grouss Devise, dass mer elo op déi lokal Kompetenz bauen.

Mir hunn doduerch, dass mer dat an eisen Héichwaasserrisiko-Managementplan agebaut hunn als eng vun deene wichteg Mesuren, doduerch, dass mer d'Combine gemaach hunn tëschent dem Héichwaasserschutz an de Staarkreenevenementer, déi jo dës Keier och esou waren ... Mir haten eigentlech e Staarkreenevenement mat engem, wéi mer et am Wanter kennen, Héichwaasserzenario. Doduerch hu mer och d'Méiglechkeet, iwwer d'Waassergesetz d'Gemengen op deem Wee méi ze sensibiliséieren, fir hir eege Pläng opzustellen, well do brauche mer d'Gemengen, wou s de dann och kanns herno gudder Gewëssens Mesurë fir Privatleit ënnerstëtzen. Déi Méiglechkeet hu mer an déi Etüd kënnen mer bis zu 100 % bezuelen.

Dat ass an där Hisiicht, Här Wolter, jo och d'Chance. Mir sinn am Moment amgaangen, Risikomanagementkonzepter fir eng Partie Gemengen ze lancéieren, well mer dat doten dëse Summer mat erageholl hunn. An ech kann lech soen, dass schonn 22 Gemengen der Waasserverwaltung zougesot hunn, dass se wëlte fir hiren Territoire - och mat deene klengen Gewässer, déi haut net drastinn - eng Etüd maachen, dorënner eeben och Gemengen, déi dat scho kennen, wéi Waldbëlleg, Iernster a Larochette, awer eeben och - et sëtze verschidde Leit hei - Tandel.

Also, dat heescht, mir hu ganz, ganz ënnerschiedlech Gemengen, déi sech elo do scho gemellt hunn, dass se do interesséiert wieren. An ech weess, dass Dir och am Gespréich sidd, well weider 21 sinn der am Moment am Gespréich. Do gëtt elo nach gekuckt, wéi et gemaach gëtt, fir déi ze lancéieren. Do ass awer dat lescht Wuert nach net geschwat.

Mee ech hunn awer gemierkt, dass do wierklech ganz groussen Interessi ass an dass et extreem wichteg ass, dass mer net waarden, bis et iergendwou en anere Kader gëtt, dass Lëtzebuerg weider Pionéieraarbecht do leescht an dass mer elo soen: Majo, nieft där nationaler Approche, wou mer och eng national Risikoapproche hunn - elo gi mer an den Detail fir d'Gemengen! An da gi mer och à mème, fir de Privatleit do wierklech Äntwerten ze ginn.

Also vun eiser Säit: Ech sinn net méi wéi frou, wa mer déi doten Thematik all gemeinsam kënnen ugoen an d'Gemengen op deem dote Wee kënnen ënnerstëtzen an net nëmme Pläng maachen, Pakte maachen, gemeinsam Gesetzer maachen, well d'Klimaupassung ass am Klimagesetz mat dran, d'Klimaupassung ass an deene Gesetzer, am Klimapakt/Naturpakt mat dran an d'Klimaupassung ass och am Bësch mat dran, wéi et erwänt gouf.

Mee wa mer och konkret un der Ëmsetzung vun eisem Adaptatiounsplan schaffen, deen et jo zanter 2018 fir 13 Gebieder insgesamt gëtt, do sinn och de Klima an eise Stied, eis Bëscher, an awer och d'Auswirkungen - ech gesi grad de Mëttelstandsminister an den Tourismusminister - op zum Beispill eisen Tourismus mat an deem Adaptatiounsplan mat dran. Da kadréiere mer och an da schaffe mer och zesumme mat der Landwirtschaft, déi jo elo op engem kruziale Punkt steet, wou déi nei GAP kënn, dass eeben all d'Acteuren vun Ufank u mat plangen, dass mer e besseren, e méi resilienten Urbanismus mat flotte Stadkäre kréien.

„Schwammstadt“ gouf hei ëfters gesot, majo, „schwammig Stadt“, „schwammige Stadt“ - „Schwammstadt“.

#### (Interruption et hilarité)

Dat Konzept gouf hei méi oft gesot a virun allem awer, dass mer eng Dynamik kréie bei der Renaturéierung. Do si mer virun e puer Joer nei Weeër gaangen. Zënter 2016 schaffe mer zesumme mat zum Beispill de ganze Gemengen am Uelzechtdall, well mer mëttlerweil soen: Mir hätte gären, dass déi ganz Gebieder renaturéiert ginn.

Do hu mer och en Outreach gemaach zur europäescher Investitiounsbank. Dat ass e bëssen eppes - d'Madamm Hemmen hat dat gefrot -, well mer gesot hunn: Mir brauchen eigentlech nach méi finanziell Mëttelen an et wär flott, Partner am Boot ze hunn. Dofir hu mer zum Beispill fir d'Renatüréierung vun der Uelzechter tëschent der Stad a Miersch och en Outreach gemaach zur europäescher Investitiounsbank fir genau dee Projet, dass mer nach méi schnell virukommen.

An dat ass, mengen ech, den Déngen, wat d'Leit vun eis erwaarden: dass mer op all Niveau, op all





Méiglechkeet, wou mer hunn, responsabel Decisiounen huelen, dass mer d'Responsabilitéiten uerdentlech klären an dann zesummen dat heiten ëmsetzen.

Domadder soen ech lech e grouse Merci fir d'No-lauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech soen der Madamm Ëmweltministescht villmools Merci. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

#### Motion 1

Mir müssen awer och nach iwwert d'Motioun, déi vum Här Benoy deposéiert ass ginn, befannen. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Also, eis ass déi ganz sympathesch. Mir wäerte se och matstëmmen. Et gefällt eis virun allem, dass Der drageschriwwen hutt mat der Crise climatique an dass déi meteorologesch Extremer, déi Phenomeener unerkannt ginn. Ech fannen et immens sympathesch, dass d'Chamber dat jo warscheinlech haut an engem Vott wäert festhalen an dass et deemtsprechend och do keng Diskussioun méi driwwer gëtt.

#### (Interruptions)

Och de Rescht, d'Kooperatioun mat de Gemengen an alles, dat ass super. Ech wollt do just nach mat op de Wee ginn: Äre Ministère war och eng kéier bei eis op Péiteng komm, fir déi Héichwaasserpläng ze erklären. A vum Gemengerot ware mir zwee Piraten déi Fenzeg, déi do waren. Also, wa schonn vum Ministère esou eppes ugebuede gëtt, géif ech scho mat op de Wee ginn, dass de Gemengerot awer da lauschtere kënn.

Merci.

#### (Hilarité)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen. Dann huet den Här Michel Wolter d'Wuert gefrot.

■ **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif dann och der Madamm Minister villmools Merci soe fir déi ganz oppen a konstruktiv Approche vum hiner Ried, déi se elo gehalen huet, well ech mengen, datt se mat hiner Verwaltung d'Erausfuenderunge verstanen huet, déi mer musse probéieren an deenen nächste Méint a Joren zesummen unzegoen.

Ech maachen elo e Mix tëschent Prise de position zur Motioun, wéi se hei virläit, an zu deem, wat Dir gesot hutt, well ech wollt soen, dass mir eis als CSV bei dëser Motioun wäerten enthalen, well mer scho gesinn, dass an där Motioun extreem vill ganz positiv Aspekter dra sinn, déi mer 100%eg ënnerstëtzen, ech a menger Ried awer bei enger Rei Aspekter méi wäit gaange sinn an ech och deen een oder deen aneren Doute hunn - ech hunn dat ausgedréckt -, ob déi legal Basis, déi mer haut hunn, eis et erlaabt, verschidde Saachen ze maachen.

Dir hutt zum Beispill den Artikel 36 (4) iwwert d'Konventioun virgesinn, déi tëschent de Gemengen an dem Staat ka gemaach ginn. Ech hu mäin Text elo vergiess, soudatt ech en net kann op Franséisch virlesen, mee ech hunn en awer zimmlech am Kapp. Dee gesäit als Prealabel eng Demande vum enger Gemeng an engem Particulier vir. Or, wa mer iwwert den normalen Entretien vum de Bergé schwätzen, vun de Baache schwätzen, si mer net an der Situatioun vum enger Demande, déi eigentlech hiren Ursprung fënnt am Artikel 35 vum Gesetz, mee mir sinn an enger Gestioun, déi Joer fir Joer eigentlech op enger partnerschaftlecher Basis soll stattfannen.

Ech hunn an der Verwaltung an der Reunion, déi mer haten, gesot, datt ech d'accord wier, fir eng Konventioun an deem Sënn ofzeschléissen, obscho se eigentlech zur Demande de la commune a pour un projet précis mat Prefinancement a mat Remboursement virgesinn ass - dat ass de Sënn vum 36 (4) -, mee datt mer awer, wa mer an eng järelech Basis eigentlech ginn, iwwer eng Konventioun misste kucken, ob mer net am Text eng besser Formulatioun géife fannen.

Ech wollt lech dat just soen, net datt mer herno eng kéier Schwierigkeete kréien. Mir kéinten déi Schwierigkeeten zum Beispill iwwer e Contrôle financier kréien, dee géif soen: „Dir maacht hei eng Konventioun, déi eigentlech net ofgedeckt ass duerch eng Base légale“, oder esou. Also, datt ass eng konstruktiv Propos, déi ech lech maachen. Checkt Ären Text, iert Der ufänkt, mat de Gemenge Konventiounen ze maachen, fir sécher ze sinn, datt déi Konventiounen sech och op alle Stadie vun der Prozedur decken!

Dir hutt awer a mengen Aen e weesentleche Punkt, ausser, ech hätt en iwwersinn, dee mir awer ganz wichteg ass ..., dat sinn déi Konventiounen, déi méi längerfristeger Natur sinn am Sënn vun, wat Der elo zum Schluss gesot hutt, do deene Baachen, déi solle gekuckt ginn.

Ech hunn dat hei net erëmfonnt an Ärer Motioun. Ech hunn deen Deel ...

#### (Interruption par Mme Carole Dieschbourg)

Maja, an dat ass mir awer extreem wichteg. Dat ass deen zweete Punkt, deen ech gesot hunn a wou ech perséinlech net esou sécher sinn. Dir sidd ganz sécher, datt den Artikel 38 lech eng Basis gëtt, andeem Der sot: „Mir huelen de Staarkreen an de Risikomanagement op. An doduerch schafe mer eis eigentlech eng Base.“

Ech géif lech nach eng kéier encouragéieren, genau ze kucken, ob dat och wierklech duergeet, datt een aus enger Adaptatioun vum engem Programm, deen eigentlech politesch Ziler zum Deel och huet ..., ob een domadder laanscht e Gesetz kënn. Dat misst Der wierklech am Detail, a mengen Aen, kucken.

Pour le reste ass och déi eng oder aner Formulatioun dran, wou mer Schwierigkeeten hunn. Wa mer eis op Strategien, déi 163 Säiten hunn, baséieren, fir eng Motioun ze maachen, dann ass dat op där enger Säit gutt, op där anerer Säit hu mir natierlech net d'Méiglechkeet, déi elo innerhalb vun e puer Minutten ze kucke mat deenen 163 Säiten, datt mer déi och alleguerte kéinten ..., ob mer déi 163 Säiten och esou gesinn.

Duerfir wierklech nach eng kéier e grouse Merci. Ech hunn déi Debatt de Mëtten extreem konstruktiv gesinn an och gespuert. Ech hunn och d'Impressioun, datt Der wierklech wëlles hutt, an déi richteg Richtung ze goen. Mee compte tenu vun deene puer Saachen, wou mir dat anescht erséit maachen, stëmme mer net dergéint, mee mir enthalen eis mat engem Feu vert positif pour l'avenir.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wolter. Dann huet den Här Keup d'Wuert gefrot.

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Villmools merci, Här President. Jo, hei sinn eng ganz Partie Moossnamen, wou mer absolutt kënnen zoustëmmen. Alldéngs: An der Analys vun den Ursaache kënne mer awer net esou ganz zoustëmmen, well eis dach awer hei iwwerdriwwer vill den Amalgam gemaach gëtt zwëscht engersäits der Klimakris an anersäits dem Héichwaasser, wou et sécherlech Schnëttmenge gëtt. Mee awer trotzdem: Et gëtt och Héichwaasser ouni Klimakris!

An et ass wëssenschaftlech net ganz fundéiert fir ze soen, dass dat Héichwaasser, wat mir hunn, an och dat, wat mir elo haten am Juli ..., do ka kee soen, dass dat duerch eng Klimakris ass. Duerfir ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Nee, guer net!

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - D'Wëssenschaftler soen dach kloer, dass et duerch eng Klimakris ass!

#### (Interruptions diverses)

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Ech zitieren lech hei aus enger Etüd vun der ETH Zürich. Dat ass jo och net egal wat. Déi soen: „Einzelereignisse wie das Hochwasser in Westdeutschland ursächlich auf den Klimawandel zurückzuführen, ist nach wie vor sehr schwierig.“ Ech soen net, dass et net dat ass, mee fir ze soen: „Et ass dat!“, dat ass awer och falsch.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Dat heescht, d'Wourecht ass warscheinlech iergendwou derzwëscht. Duerfir géif ech mech bei esou Saache wéi där heiter elo net ze vill dorop konzentréieren, mee allgemeng op d'Héichwaasser. Duerfir wäerte mer eis hei, déi gutt Moossnamen en consideration gezunn, enthalen.

Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Keup. Da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den honorabelen Här Benoy.

■ **M. François Benoy (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wollt dem Här Keup just roden, e Bléck an de leschte Rapport vum IPCC ze werfen aus dem August.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. François Benoy (déi gréng).** - Ech wollt just dann dem Här Goergen eng kéier rappellieren: Dir hutt elo esou gemaach, wéi wann et elo eng grouss Nouvelle wär, dass d'Chamber an hiner Majoritéit d'Urgence climatique géif unerkennen. Mir hunn dat op d'mannst schonn zweemol gemaach bei Motiounen, déi mer hei deposéiert hunn, notament am Kader vun der Diskussioun ronderëm de PNEC. A mir hunn et och gemaach bei der Motioun am Kader vum Klimagesetz, wéi mer dat hei gestëmmt hunn an deposéiert hunn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Benoy. Et ass keng weider Wuertmeldung méi do. Da kënne mer zum Vott vun der Motioun Nummer 1 kommen.

#### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un.

De Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 35 Jo-Stëmme géint 25 Absentiounen ugehall.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

### 5. 7775 - Projet de loi portant modification :

**1° de la loi modifiée du 2 septembre 2011 portant réorganisation de la Chambre des Métiers et modifiant la loi du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce ;**

**2° de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base électorale ;**

**3° de la loi modifiée du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce**

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 7775 iwwert d'Upassung vu verschidde Walprozeduren an de Beruffs- an Handelskummeren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

Ech géif direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme

■ **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Haaptzil vun dësem Projet de loi ass et, d'Prozedur fir d'Wale vun der Chambre des Métiers ze vereinfachen. Et ass nämlech esou, datt verschidde Leit bei méi wéi enger Beruffskummer kënnen affiliéiert sinn. Am heefegsten ass dat sécherlech de Fall bei der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce. Momentan kann esou eng Persoun awer just bei enger vu béide Kummere wielen, obwuel si awer bei zwou cotiséiert.

Duerch dëse Projet de loi wäert et an Zukunft méiglech sinn, a méi wéi enger Beruffskummer ze wälen. Dat ass de sougenannten „Droit de vote actif en cas de double affiliation“. Wat den Droit de vote passif ugeet, dat heescht, gewielt kënnen ze ginn, esou dierf een awer nëmmen an enger Beruffskummer gewielt ginn. Dat heescht awer net, datt een net kann a béide Kummere Kandidat sinn.

Fir et einfach ze erklären: Ech sinn affiliéiert bei der Chambre des Métiers a stelle mech 2022 de Walen. Ginn ech do net gewielt, dann dierf ech mech och 2024 fir d'Wale vun der Chambre de Commerce opsetzen. Ginn ech awer 2022 bei de Wale vun der Chambre des Métiers gewielt, dierf ech mech dann net opsetzen, fir zwee Joer duerno och an der Chambre de Commerce gewielt ze ginn, es sei denn, ech demissionéiere virunner aus der Assemblée plénière vun der Chambre des Métiers.

En bref: Et kann een an Zukunft zweemol wielen, mee et dierf een nëmmen eng kéier gewielt ginn.

Här President, eng aner Ännerung, déi dëse Projet de loi mat sech bréngt, betrëfft de Recours. Wann ee mengt, et wier bei enger Wal net mat rechten Dingen zougaangen, kann een e Recours dergéint maachen.

Momentan ass dës Prozedur laang a schwéierwieereg. Et muss een de Recours beim Minister, dee fir déi concernéiert Beruffskummer zoustänneg ass, areecheen. D'Regierung ass nämlech dat Organ, wat eng Wal vun enger Beruffskummer definitiv validéiert. Verwerft d'Regierung e Recours, esou kann de Kläger en neie Recours virum Tribunal administratif maachen. Wann deen Tribunal de Recours och

verwerft, da kann de Plaignant Appell virun der Cour administrative maachen.

Also, Dir gesitt: Déi aktuell Prozedur ass alles anescht wéi einfach a kann dowéinst och e puer Joer daueren. Fir dat ze vermeiden, soll an Zukunft just nach ee Recours méiglech sinn, an zwar nëmme virun der Cour administrative, esou wéi dat méttlerweil och virgesinn ass bei engem Recours bei de Gemengen- a bei de Chamberswalen. Dat ass eng bedeiend Vereinfachung vun der Prozedur vum Recours.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi aktuell Legislatioun, déi d'Wale bei der Chambre des Métiers bestëmmt, gesäit fix Datumen an Echeancé vir. Dat kann awer och problematesch ginn, falls et eng kéier zu virgezunnen oder Komplementarwale géif kommen.

Duerfir wäerten d'Delaien an d'Echeancen duerch dëse Projet de loi méi flexibel ginn. Duerch d'Gesetz gëtt nach just de Mount bestëmmt, an deem d'Wale stattfannen, soudatt den exakten Datum souwéi d'Auerzäit vum Minister, dee fir d'Chambre des Métiers zoustänneg ass, bestëmmt gëtt.

D'Delaien an d'Echeancé ginn da gerechent en fonction vum Waldatum. Dat heescht zum Beispill, datt d'Wallëschten 105 Deeg virum Waldatum provisoersch festgehal ginn an datt de Walbüro de Walziedel spéitstens 15 Deeg virun der Wal un d'Wieler schécke muss. Falls eng Echeance op e Sam-schen, Sonnden oder op e Feiertag géif falen, applizéiert sech d'Baseler Konventioun, déi seet, datt den Delai da bis op den nächste Jour ouvrable verlängert gëtt.

Obwuel et en zimmlech klenge Projet de loi ass, goufen awer vun deene verschiddene Beruffskummeren an dem Staatsrot net manner wéi 13 Avisen an Avis complémentaires agereecht.

Dëst ass domadder ze erklären, datt d'Regierung, och fir verschiddene Remarque vun de Beruffskummere Rechnung ze droen, zweemol Amendementer nogereecht huet, éiert den Avis vum Staatsrot koum. Et kann een also soen, datt de Projet de loi en cours de route stänneg nogebessert gouf.

Den Detail zu den Avisa kënn Dir gären a mengem schrëftleche Rapport souwéi an deene jeeeweilegen Avisen noliesen. Ech ginn awer elo kuerz op d'Schwéierpunkte vun deene verschiddenen Avisen an.

Wat d'Chambre de Commerce betrëfft: Si begréisst ausdrécklech den Droit de vote actif multiple, mee si bedauert, dass den Droit de vote passif limitéiert bleift. Da freet sech d'Beruffskummer nach, ob een déi nei Prozedur beim Recours net misst vervollstännegen, fir datt se méi kloer wär.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics begréisst och déi nei Prozedur beim Recours grad ewéi den Droit de vote multiple, mee fënn datt de virgeschloenen Text net komplett genuch wier. Da freet si sech nach, wat dann d'Konsequenzen oder d'Sanktiounen wieren, falls ee sech gläichzäiteg fir d'Wale bei zwou Beruffskummeren opstelle géif.

D'Chambre des Métiers begréisst natierlech och all dës Ännerungen a si ass awer just dovunner iwwerzeugt, datt d'Enveloppe, mat där de Walziedel verschéckt gëtt, nach ëmmer misst vum Wieler ënnerschriww ginn. Heibäi ass ze preziséieren, datt parallel zu dësem Projet de loi och e Règlement grand-ducal ëmgeännert gëtt, dee justement och, am Sënn vun der Simplification administrative, d'Ënnerschreiw vun der Enveloppe net méi néideg mécht.

An deem Kontext verlaangt d'Chambre des Métiers och, datt si nach ëmmer soll d'Unzuel vun de Voll- a Suppléantsmembere souwéi d'Unzuel vun de Sëtz vun de sechs Groupe-électorale proposéieren dierfen.

D'Landwirtschaftskummer begnügt sech domadder, säin Accord zum Projet de loi matzedeelen.

D'Chambre des Salariés begréisst all déi Ännerungen. Si stellt sech awer d'Fro, wéi een erausfanne kann, wien alles als Electeur op enger Lëscht steet, falls zwou oder méi Beruffskummere gläichzäiteg Walen organiséieren.

Den Avis vum Staatsrot: De Staatsrot huet keng Opposition formelle ausgesprach, wat fir eis natierlech ëmmer ganz wichteg ass. De Staatsrot fënn awer, datt verschidden Dispositionen net kohärent an homogeen genuch an deene verschiddene Gesetz niddergeschriww wieren. Hien hätt léiwer gehat, datt am Kadargesetz iwwert d'Beruffskummere vun 1924 verschidden Dispositionen geännert gi wieren, anstatt datt se an de spezifische Gesetz vum de Beruffskummere geännert ginn.

Heizou ass ze betounen, datt dëst Gesetz am Fong elo geduecht ass, fir datt d'nächst Joer d'Wale vun der Chambre des Métiers mat dësen neien a méi flexibele Reegele kënne stattfannen. Parallel ass d'Regierung awer schonn amgaangen, d'Gesetz iwwert d'Chambre de Commerce ze reforméieren an esou unzepassen, datt dat Ganzt méi homogeen gëtt. Am selwechte Kader ass generell eng Reform





geplangt, déi méi wäit geet wéi dat, wat mir haut wëllen änneren, an dës gefrote Kohärenz dann och garantéiere wäert.

De Rapport vun dësem Projet de loi gouf unanime de 14. Oktober an der zoustänneger Chamberskommissioun ugeholl.

Dëst gesot, soen ech de Mataarbechter vum Ministère, natierlech och dem Minister, de Kollegen aus der Kommissioun an de Mataarbechter an der Fraktioun Merci a ginn heimadder den Accord vun der DP zu dësem Projet de loi.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Guy Arendt villmools Merci a ginn direkt d'Wuert weider un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Marc Spautz.

Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'alleréischte e grouse Merci un de Guy Arendt fir dee schrëftlechen an och deen exzellente mëndleche Rapport.

Mir schwätzen haut vun de Beruffschamberen. Hei sinn der elo zwou vun deene sechs, déi mer an der Zäit haten. 1999, wéi d'Beruffschambere 75 Joer gefeiert hunn, hate mer nach sechs Beruffschamberen. An der Zwëschenzäit hu mer der nach fënnf, well nämlech duerch d'Fusioun vun der Arbeiterkammer an der Chambre des Employés privés d'Chambre des Salariés entstanen ass. Doduerch sinn eeben, wéi gesot, nëmmen nach fënnf Beruffschamberen do.

Et ass och gutt, dass elo feststeet, dass de nëmme kanns an enger Chamber aktiv sinn. Du kanns zwar a méi Member sinn, mee du kanns awer net a méi wéi enger siegëieren oder a méi wéi enger kandidéieren. Dat ass gutt an dat ass och richteg esou. Mir begreissen dat ausdrécklech.

Ech mengen, wat awer och wichteg ass - den Här Arendt huet et elo e bëssen duerchblécke gelooss, mir haten och eng Diskussioun mam Här Minister an der Kommissioun selwer -, dat ass, dass mer et géife fäerdegbréngen, an d'Chambre des Salariés huet et och nach eng kéier ënnerstrach, dass mer prozedural op ee Volet kommen.

An dat ass awer net grad esou einfach, well d'Echeancé vun de Wale vun deenen eenzelne Beruffschambere si ganz verschidden. Et ass zwar allkéiers déi selwecht Durée. Et ass allkéiers d'Gesetz vun 1924, wat d'Basis ass. Awer wéini gewielt gëtt, do ass en aneren Datum an der Chambre des Salariés wéi an der Chambre des Fonctionnaires, ass en aneren Datum bei der Chambre de l'Agriculture, ass aneschtens bei der Chambre de Commerce an ass aneschtens bei der Chambre des Métiers.

A mir haten do ganz konstruktiv Diskussiounen an der Kommissioun - woufir ech och Merci soen -, dass mer dee Wee awer solle goen, dass et méiglech muss sinn. A firwat net? Den 100. Gebuertsdag vun de Beruffschamberen, vum Gesetz vun de Beruffschamberen, steet virun eis.

1999 hat ech nach d'Chance, als Vizepräsident vun esou enger Chamber derbäi ze sinn. Dofir freeën ech mech och elo schonn op den 100. Gebuertsdag vun de Beruffschamberen, dass dat kéint den Ophänger sinn, wou ee géif probéieren, dass dat alles an eng Richtung kéint goen, well et soss och schwéier verständlech ass, wann ee mat de Leit iwwert d'Beruffschambere schwätzt an do sinn ënnerschiddlech Echeancen, do sinn ënnerschiddlech Uwendungen, soudass dat relativ schwierig ass.

An ech mengen, grad mir als Chamber hei, mir wëssen, wéi wichteg et ass, déi Aufgab an déi Charge, déi déi Beruffschambere wouerhuelen, virun allem fir hir Avisen, déi se an deenen Domänen, déi si ofdecken, bei eis ginn. An duerfir wier et gutt, wa mer och do déi selwecht Prozedure fir déi eenzel Beruffschambere géife kréien.

An duerfir nach eng kéier Merci fir d'Initiativ, an ech hoffen, dass den Här Minister, zesumme mat senge véier Kollegen, déi fir déi aner Beruffschamberen zoustänneg sinn, och do en Accord fënnt, dass mer et och an enger weiderer Etapp fäerdegbréngen, dat ze harmoniséieren, dass et an eng Richtung geet.

Dat gesot, villmools merci! An ech ginn den Accord vun der CSV.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Spautz. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Tess Burton ...

#### (Interruptions)

Nee, d'Madamm Simone Beissel! Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Simone Beissel (DP).**- Här President, Kolleginnen a Kollegen, virop och mäin häerzleche Merci un de Rapporteur Guy Arendt fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Et geet jo drëm - an ech ginn net méi genau dorop an -, eebe just d'Modalitéiten an d'Prozedure vun dem Walsystem vun der Chambre des Métiers ze adaptéieren, ze moderniséieren. Derniewent gi verschidden Dispositiounen vun der Chambre de Commerce ugeschwat an en plus e puer generell Dispositiounen vum Basisgesetz vum 4. Abrëll 1924, wat jo u sech d'Basisgesetz ass fir all d'Chambres professionnelles à base électorale.

Duerfir gitt mer elo d'Geleeënheet, ganz kuerz, fir e puer Remarken ze maachen iwwert d'Wichtigkeet vun eise Chambres professionnelles en général an eise System. An ech maachen e ganz kuerze Sprong zrëck an d'Geschicht.

Et ass interessant ze wëssen, dass 1841 d'Chambre de Commerce u sech gegrënnt ginn ass ënnert dem Wëllem II. vun Oranien-Nassau, deen um Knuedler jo op sengem schéine Päerd sëtz; d'Chambre de Commerce.

Dunn ass et ... Mat dem ganze Wirrwarr vun der Lëtzeburger Geschicht fléie mer elo op 1917. Dir wësst, zwëschent 1917 an 1921 waren extreem Onrouen hei zu Lëtzebuerg, sougutt um wirtschaftleche wéi um soziale Plang. Et war e grouse Bauerestand do, d'ARBED hat sech developpéiert, et ware ganz vill Aarbechter do. Mir haten d'bolschewistesche Revolutioun a Russland, mir haten d'Kommunistesch Partei, déi sech gegrënnt huet, an et huet wierklech hei gescheppert. An Ufank Januar 1912, an dat géif da bestëmmt och eis Grënnerinne vun déi Lénk interesséieren, ass jo een Dag d'Republik ausgeruff ginn. Mee si hat nëmmen een Dag iwwerlieft.

Jiddefalls hat d'Regierung Suerg an huet gesot: „Mir kënnen net esou virufieren“, well et war kee Schutz do, notament vun den Aarbechter a vun de Privatbeamten, an et war keen Dialog do. An dunn ass 1917 schonn e Sonderausschuss gegrënnt gi fir eng Vertiedung vun den Arbeiterinteressen. An dat war u sech de Point de départ vun dem grouse Gesetz vun 1924, wou déi generell Chambres professionnelles op d'Bee gesat gi sinn.

Ech ginn net méi drop an, de Kolleg Marc Spautz huet et scho gesot, et waren der fënnf. Du koom 1964 nach d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics derbäi. Duerno ass erëm duerch d'Fusioun ..., also et sinn der sechs ginn. Elo sinn et der erëm fënnf duerch de Fait, dass et elo d'Chambre des Salariés gëtt an dass d'Chambre de Travail an d'Chambre des Employés privés u sech fusionéiert hunn an eng gemaach hunn.

Wat ass dann elo d'Particularitéit vun deene Chambres professionnelles?

Ech hunn lech gesot, firwat se gegrënnt gi sinn: Fir wierklech Dialog a Gremien ze schafen, wou wierklech een deen anere konnt beroden, dat heescht, d'Regierung déizäit wollt berode ginn, an d'Chambre-professionellen hu vun Ufank u geschlicht. An dat koom natierlech der Regierung zupass, well et waren därmoosse Spannungen do, dass dat ganz schwierig war.

Dir musst och wëssen, dass déizäit schonn - 1917 - d'Kollektivrecht, d'Kollektivvertrag hei zu Lëtzebuerg ageféiert gi sinn. An dat war natierlech en immense Quantessprung. Firwat ass dat esou interessant an eng Particularitéit?

Dir musst wëssen, déi Länner ronderëm eis, d'Belsch a Frankräich, déi hu keng Chambres professionnelles! Mir hu just Chambres professionnelles am Saarland, mir hu Chambres professionnelles an der Stad, Städttestadt, Hansestadt Bremen a mir hunn aacht Chambres professionnelles an Éisträich, notament Wien, ronderëm d'Burgenland, Südtirol an esou weider.

Wat awer d'Differenz ass, dat ass: Eise System ass vill méi streng. An deenen anere Länner hunn alleguerten déi Chambres professionnelles eng reng konsultativ Missioun vis-à-vis vun hire Regierungen, dat heescht, si vertrieden d'Interesse vun hire Leit a si si just konsultativ.

Bei eis ass et méi streng, well an eise System steet dran, dass eng „saisine obligatoire“ duerch d'Regierung vun där jeweiliger Chambre professionelle ass allkéiers, wann de près ou de loin iergendeen Interesse vun deenen hire Membere beträff ass. An duerfir ass bei eis d'Interventioun vun de Chambren andauernd a bienvenue, well ech mengen, si hëlfen eis och bei all de Projet-de-loien, déi hei kommen.

Duerfir, ier ech zum Schluss kommen, fannen ech et elo extreem wichteg ... Ech hunn lech gesot, wat se schaffen, mir brauche se alleguerte mat hiren Avisen. Si sinn obligatoire. Si hunn natierlech Auto-saisine fir all Reegelwierk, wat se interesséiert. Si maache Formations initiales, si maache Formations continues, si maachen Arbitrage. Si sinn e Rouage vun eise System.

A merci dem Minister Lex Delles, deen eis versprach huet, d'Basisgesetz vun 1924 op de Metier ze huelen. An, wéi de Marc Spautz awer gesot huet, dat gëtt net esou einfach, fir ze kucken ... Unifiéiere kënnen mer op kee Fall - ech hu laang mat Chambres

professionnelles ze doe gehat, méi wéi 20 Joer -, mee harmoniséiere kënnen mer awer, fir dass mer op d'mannst verschidde Systemer beieneeckréien, fir se nach méi op een Niveau ze kréien. Well ech mengen, dat wier wichteg. Merci also dem Minister!

Nach eng kéier: Si sinn en extreem wichtegt Rad hei an eise System, well se d'duebel Kenntnis hu vun den Interesse vun hire Ressortissanten, an op där anerer Säit vun der grousser Politik. An duerfir gi se iwwerall esou beléift, well se eebe just en extreem wichtige Gobetween spillen zwëschent der Politik an hire Ressortissanten. An duerfir si se extreem wichteg hei zu Lëtzebuerg, well si hëllefe maassgeblech dobäi als Pilier vun eiser ganzer Cohésion sociale.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Beissel. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Tess Burton.

■ **Plusieurs voix.**- A!

■ **Mme Tess Burton (LSAP).**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Wat de Contenu vum Gesetzestext 7775 betrëfft, huet de Rapporteur alles gesot. Ech wëll em domadder och Merci soen. A mir bleift näischt iwwreg, wéi do den Accord vu menger Fraktioun ze ginn.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Burton. An da wier et un der Madamm Chantal Gary.

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng).**- Merci, Här President. Mat dësem Projet de loi ginn d'Chambres professionnelles gestärkt. Si sinn e wichtigen Deel vum politeschen Entscheidungsprozess, well se dozou bäidroen, d'Usichte vu verschiddenen Acteuren vun der Ekonomie an de legislative Prozess mat eranzebréngen.

Et ass scho viles gesot ginn, duerfir bleift mir och just nach, e grouse Merci un de Rapporteur ze soe fir säi prezise schrëftlechen a mëndleche Rapport an och e grouse Merci un d'Simone Beissel fir den Historique, dee si elo grad hei virgeluecht huet.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng).**- An heimat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Gary. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, villmools merci och vun eiser Säit aus. Emol fir d'éischt dem Här Arendt e grouse Merci. A mir hunn och mat grousser Begeescherung déi Exposéé vum Här Spautz a vun der Madamm Beissel nogelauschtert. Dat wor interessant.

Ech géif just vläicht ee Wonsch ausdrécken, och wat eis Aarbechten ugeet: Dat wär, datt mer eis heiansdo géife méi Zäit huelen, fir eis méi intensiv och mat deenen interessanten Avisa vun de Chambres professionnelles ausereneenzenetzen. Et wär wierklech dacks derwäert.

An ech mengen, mir konzentréieren eis vill op de Staatsrot, mee och déi aner Avisa sinn et wierklech derwäert, ëmmer erëm genee gelies ze ginn. A mir sollten eis och vläicht nach méi mat deenen ausenansetzen.

Dat gesot, ginn ech och ganz gär den Accord vun der ADR zu dësem Gesetz.

Villmools merci!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Jo, merci fir d'Wuert. Ech géif mech och uschléissen. Villmools merci dem Rapporteur. Villmools merci, Madamm Beissel, fir deen interessante geschichtleche Virtrag; ganz, ganz interessant! Do ware Saachen derbäi, déi ech emol nach net esou kannt hunn.

An ech géif mech och de Bemierkunge vum Här Marc Spautz uschléissen. Dëse Projet de loi harmoniséiert d'Dispositiffe vun deenen eenzelne Beruffskammeren, an et ass wierklech eng demokratesch Avancée.

An duerfir stëmme mir als déi Lénk och zou. Villmools merci!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Als Éischt e grouse Merci un de Rapporteur, deen hei en ausféierleche Rapport ofginn huet. Duerfir muss ech net weider op de Fong agoen.

Ech wollt awer och profitéieren, fir esouwuel dem Marc Spautz, mengem Bänknoper, wéi och der

Madamm Beissel, déi direkt vis-à-vis vu mer sëtz, Merci ze soe fir déi interessant Exkursen. Et ass ëmmer schéin, wann een aus där laangjäregger Erfahrung hei an der Chamber awer och puiséiere kann, fir e bësse méi wäit ze kucke wéi nëmmen deen Text, dee mer grad diskutéieren. Dat hu mer haut gemaach. An dat ass, mengen ech, eppes ganz Positives. A jiddweree vun eis huet eppes bäigeléiert haut.

An domadder kann ech och den Accord vun de Piraten fir dëse Projet ginn.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Mëttelstandsminister Lex Delles.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes.**- Merci villmools, Här President. Loosst mech mech de Wieder vun all menge Virriedner uschléissen, fir dem Här Rapporteur villmools Merci ze soe fir säi ganz gudd schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass alles gesot ginn.

Ech wëll hei just nach op verschidde Froen äntweren, déi ech gestallt krut. Et deet mer leed, ech hu mer se net selwer gestallt. Bei där Fro, déi den Här Spautz gestallt huet, ass et esou, dass d'Echeancen aneschtens sinn. Mee et geet hei drëm, dass mer d'Prozeduren eebe grad bei de Walen harmoniséieren. Doriwwer hate mer och eng ganz interessant Diskussioun an der Kommissioun, wou et drëm gaangen ass, fir beim nächsten Text, un deem mer elo schonn intensiv amgaange sinn ze schaffen, och d'Prozedure bei der Chambre de Commerce kënnen unzepassen. An déi Gesetzer wäerten duerno nogereecht ginn.

Dat hei ass also deen éischte Schrëtt, fir déi ganz Reform kënnen ze maachen.

Merci villmools.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, dem Mëttelstandsminister Lex Delles. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7775. Den Text steet am Document parlementaire 7775<sup>17</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7775 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7775 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), MM. Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf ), MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Marc Spautz), M. Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Paul Galles ) et M. Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. André Bauler), M. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), M. Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

## Le saviez-vous ?

### LÉGISLATURE

La législature est la période pour laquelle sont élus les députés. Elle a en principe une durée de cinq ans à moins qu'il n'y ait d'élections anticipées.





Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 6. Motion de M. Jeff Engelen relative aux mesures sanitaires en vigueur pour les élèves et le personnel enseignant des écoles de musique des communes

(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 80 de ce compte rendu)

Da komme mer nach zur Motioun, déi vum Här Jeff Engelen deposéiert ginn ass.

■ **Plusieurs voix.** - A!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ass nach een, deen d'Wuert zu dëser Motioun wëllt ergräifen?

Den Här Gilles Baum.

### Discussion générale

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Déi Motioun hei kënnt eis jo bekannt vir. Mir hate jo eng änlech Motioun. Mee mir fannen eis hei am peri-, parascolaire Beräich. Ech muss awer soen: Mir stelle fest, dass am éischten Tiset eng ganz Rei Saache stinn, déi net korrekt si respektiv déi feelen. Éischtens emol bezitt Der lech op déi kommunal Museksschoulen. Ech sinn awer der Meenung, dass een hei effektiv och misst déi regional Museksschoule mat eranhuelen an och de Conservatoire.

Da vergiesst Der ze soen hannen um Tiset, „falls méi wéi zéng Leit un deem Cours deelhuefen“. Dat steet net hei, dat ass en Oubli. Dann ass nach eppes, wat och net richtig ass: Dir schreift, „während de Coursen a während de Concerten“. Dat steet net esou am 7.4, well dat bezitt sech effektiv just op d'Coursen.

An dann ass eppes, wat awer definitiv falsch ass, wann Der schreift, „op d'mannst zwee Meter mus-sen anhalen oder de CovidCheck maachen“. Dat ass net richtig. Et ass „zwee Meter oder de Mask droen“. Ech muss lech soen, dass hei awer esou vill Ongereimtheete respektiv feelerhaft Formulie-runge sinn, dass ech beim beschte Wëllen deen do-ten Text, esou wéi en hei ass, net ka mat an d'Schoukkommissioun huelen. An duerfir géif ech menger Fraktioun proposéieren, deen Text hei, déi Motioun hei, net unzehuelen.

Jo, Här Wolter, et deet mer Leed, et ass esou. Et deet mer Leed.

■ **M. Michel Wolter (CSV).** - Ech si skeptesch, mee ...

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Jo, mir kënnen ganz gären, mir zwee, dat doten zesumme kucken.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. Dann huet den Här Marc Goergen d'Wuert gefrot.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Also mir Piraten wäerten et och net matstëmmen. Nach eng Kéier dat selwecht eigentlech wéi d'leschte Kéier. D'UGDA-Museksschoule feelen zum Beispill. Dat sinn awer ëmmerhi 55 Gemengen. An nach eng Kéier: Et sinn och grouss Leit, also Er-wuessener iwwer 18, déi net an d'Schoul ginn, déi an enger Museksschoul sinn. Et ass net, dass nëmme Kanner an enger Museksschoul sinn. Et ass e ganz anere Kader.

Duerfir kënnen mer déi heiten net matstëmmen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen. Da freet d'Wuert den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, ech sinn dem Här Baum an dem Här Goergen ganz dankbar fir hir Observatiounen. Ech mengen, dat war jo scho bal e bëssen eng Diskussioun, wéi ee se kéint an enger Kommissioun féieren, wou ver-schidde konstruktiv Elementer an esou eppes mat

afléissen, fir herno ze kucken, wéi ee kann op dee gudder Wee goen.

Mee ech mengen, deen Thema vun de Museks-schoulen, deen ass eis esou wichteg, fir einfach ze kucken, ...

(Brouhaha)

Jo, nee, dat ass lech vläicht net esou wichteg, mee eis ass et wichteg. An et geet eis elo net drëm, den Text hei onbedéngt elo duerchzekréien. Mee et geet eis drëm ze kucken, dat mer déi Thematik esou upaken, dat se am Kader vun der Covidlegislatioun esou ugepaakt gëtt, dat déi beschtméiglech Kondi-tioun fir déi kënnen herrschen an och keng anescht Behandlung, déi net justifiéiert wär par rap-port zu anere Schoulen.

Dofir géif ech wirklech och nach eng Kéier deen Text hei net zur Ofstëmmung bréngen, zéien en zréck, ...

■ **Plusieurs voix.** - A!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - ... zéien en zréck, well ech halen nämlech drop, dat mer déi Saach net elo einfach evakuéieren, mee dat mer wirklech ku-cken, fir dat an engem konstruktive Geescht ... an duerfir wëll ech och déi Interventioun vum Här Baum guer net kritiséieren - och net an der Tonalitéit oder esou -, well ech einfach mengen, dat mer eis sollten zesummen ustrengen, fir dee Problem esou gutt wéi méiglech ze léisen. Dat ass jo d'Finalitéit.

An duerfir géif ech proposéieren, dat mer net of-stëmmen, mee dat mir einfach mat deenen ade-quate Froen an enger Kommissiounssëtzung zum Beispill op de Sujet zréckkommen. Merci.

(La motion de M. Jeff Engelen est retirée.)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn der Chamber Akt, dat d'Motioun zréckgezunn ass. An domadder si mer am Prinzip um Enn vun der Sitzung ukomm.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Här President, wat fir eng Prozedur ass dat, pardon?

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ma d'Motioun ass zréckgezunn, da brauche mer net méi driwwer ze diskutéieren.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Mir deposéieren zweemol ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn lech awer nach gären d'Wuert, Här Clement, wann Der mengt, Dir ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Ma genau dozou wollt ech awer eppes soen, Här President. Ech fan-nen et awer e bësse kokass, dat mer an där näm-mlechter Woch zweemol iwwer déi nämmelech Mo-tioun diskutéieren, just fir dat mer se dann erëm zréckzéien an dat se dann d'nächst Woch oder déi nächst Pleniëre erëm presentéiert gëtt, fir dat mer eng drëtter Kéier driwwer diskutéieren. Ech mengen, dat mer awer eng Kéier an der Conférence des Présidents sollten driwwer schwätzen, wéi mer mat Motiounen, déi zréckgezu goufen, ëmginn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. Ech mengen, et ass den Auteur vun der Motioun, deen d'Motioun zréckgezunn huet. Ech wëll dat nach eng Kéier ausdrécklech hei be-tounen.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Nee, nee, nee, et war den Här Kartheiser, et war net den Auteur.

(Hilarité)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Engelen huet den Här Kartheiser ugestallt se zréckzezéien.

(Hilarité générale)

Ech hunn dat esou hei gespuert.

■ **Une voix.** - Stëmmt, Här President, dat heescht, dat den Här Engelen säi Sprécher huet, voilà!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 9., 10. an 11. November virgesinn.

■ **Une voix.** - Dem Här Engelen säin Hampelmann!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - D'Sitzung ass op-gehuewen.

(La séance publique est levée à 18.14 heures.)



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Communications

- M. Fernand Etgen, Président

### 3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

### 4. Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, sur la po-litique européenne et étrangère

- M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Au banc du Gouvernement se trouve : M. Jean Asselborn, Ministre.

(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunika-tioun ze maachen?

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étran-gères et européennes.** - Dat ass net de Fall, Här President.

### 2. Communications

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Bureau deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert a vum Rôle gestrach gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht vun de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

**Communications du Président - séance publique du 9 novembre 2021**

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Ad-ministration parlementaire :

**7323A** - Projet de loi portant organisation du Conseil national de la justice et modification de la loi modi-fiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traite-

ments et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État

Dépôt : M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 18.10.2021

**7900** - Projet de loi portant modification de

1° la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la ré-glementation de la navigation aérienne, et 2° de la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile, et

3° de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant création de l'Administration de la navigation aé-rienne

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 18.10.2021

**7901** - Projet de loi portant :

1° transposition de la directive (UE) 2020/1057 du Parlement européen et du Conseil du 15 juillet 2020 établissant des règles spécifiques en ce qui concerne la directive 96/71/CE et la directive 2014/67/UE pour le détachement de conducteurs dans le secteur du transport routier et modifiant la directive 2006/22/CE quant aux exigences en ma-tière de contrôle et le règlement (UE) n° 1024/2012 ; 2° modification du Code du travail

Dépôt : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 18.10.2021

**7902** - Projet de règlement grand-ducal portant modification du règlement grand-ducal du 6 février 2007

1. concernant les prescriptions minimales de sécu-rité et de santé relatives à l'exposition des travail-leurs aux risques dus aux agents physiques (vibra-tions) ;

2. portant modification du règlement grand-ducal du 17 juin 1997 concernant la périodicité des examens médicaux en matière de médecine du travail

Dépôt : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 20.10.2021

**7903** - Projet de loi modifiant la loi du 6 juin 2019 portant transposition de la directive (UE) 2016/2370 du Parlement européen et du Conseil du 14 décem-bre 2016 modifiant la directive 2012/34/UE en ce qui concerne l'ouverture du marché des services na-tionaux de transport de voyageurs par chemin de fer et la gouvernance de l'infrastructure ferroviaire

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 21.10.2021

**7904** - Projet de loi portant modification du Code de la consommation aux fins de transposition de la di-rective (UE) 2019/2161 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 modifiant la directive 93/13/CEE du Conseil et les directives 98/6/CE, 2005/29/CE et 2011/83/UE du Parlement européen et du Conseil en ce qui concerne une meilleure ap-plication et une modernisation des règles de l'Union en matière de protection des consommateurs

Dépôt : M. Paulette Lenert, Ministre de la Protec-tion des consommateurs, le 28.10.2021

**7905** - Projet de loi relative à l'octroi de la garantie de l'État aux lignes de crédit contractées par le Fonds de garantie des dépôts Luxembourg, et por-tant modification de la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement

Dépôt : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 28.10.2021

**7906** - Projet de loi portant dissolution et liquidation de l'hospice civil de la Ville de Remich, dénommé « Jousefshaus »

Dépôt : M. Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 29.10.2021

**7907** - Projet de loi du XX portant

1° organisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;

2° modification de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État

Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 04.11.2021

**7908** - Projet de loi portant modification de l'article 55 du Code civil et prolongeant le délai des déclara-tions de naissance

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 08.11.2021

3) Le projet de loi suivant a été retiré du rôle des affaires :

**7870** - Projet de loi portant

1° organisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;

2° modification de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État

Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 17.08.2021

Retrait du rôle des affaires : 04.11.2021

4) Les demandes de pétition suivantes ont été dépo-sées :

**2063** - Demande de pétition publique : Krankenhaus und Arztkosten für Geimpfte bei Nebenwirkungen

Dépôt : Martin Ronck, le 16.10.2021

**2064** - Demande de pétition publique : Frais d'agence immobilière au demandeur du service

Dépôt : Jerry Thill, le 17.10.2021

**2065** - Demande de pétition publique : Ënner-stützung fir den Här Braz, fréiere Minister

Dépôt : Gérard Koneczny, le 18.10.2021

**2066** - Demande de pétition publique : La mobilité dans le nord

Dépôt : Svenja Krein, le 18.10.2021

**2067** - Demande de pétition publique : Laisser le libre choix de la vaccination Covid-19 aux indivi-dus!!/L'obligation vaccinale que le Gouvernement luxembourgeois vient d'imposer va à l'encontre du libre choix, peut présenter des risques pour la santé des individus en cas d'utilisation d'un vaccin jusqu'à récemment expérimental et va à l'encontre de la Charte des droits de l'homme !

Dépôt : André Faber, le 18.10.2021

**2068** - Demande de pétition publique : Congé excep-tionnel pour animaux domestiques, animaux de compagnie

Dépôt : Christophe Loureiro Jordão, le 18.10.2021

**2069** - Demande de pétition publique : Fräiwëlleg impfen an net vun hanne kommen a kee Choix méi loossen!!

Dépôt : Angela Zimmer, le 19.10.2021





**2070** - Demande de pétition publique : Verbuet vun der Klappjuegd

Dépôt : Kaisy Feyder, le 19.10.2021

**2071** - Demande de pétition publique : Demande de régularisation contrôlée des feux rouges sur les heures de pointe sur certaines zones de la capitale (comme par exemple la route d'Esch)

Dépôt : Lionel Reinhard, le 21.10.2021

**2072** - Demande de pétition publique : Reconnaissance des tests sérologiques COV IGSR, COV IGML, COV IGGL

Dépôt : Guy Theisen, le 21.10.2021

**2073** - Demande de pétition publique : Réduction du tarif des crèches privées

Dépôt : Angelissa Anelli, le 21.10.2021

**2074** - Demande de pétition publique : Éischt-Hëllef-Cours vun 12 Stonnen, wann een de Führerschäi fir Moto oder Auto mécht.

Dépôt : David Lucius, le 23.10.2021

**2075** - Demande de pétition publique : Fir déi Pappan, déi Alimenter fir Kanner bezuelen, z. B. dräi Kanner, an dann op hirem Salaire nach voll besteiert ginn, d'Pappe kréie kee Kannergeld, mussen nach Alimenter bezuelen an hu keng steierlech Virdeeler

Dépôt : Serge Besch, le 24.10.2021

**2076** - Demande de pétition publique : Retraite obligatoire pour les politiciens avec 65 ans

Dépôt : Claire Gutenkauf, le 24.10.2021

**2077** - Demande de pétition publique : Abolition du port du masque pour les personnes vaccinées ou guéries du Covid-19

Dépôt : Joaquim Gonçalves, le 25.10.2021

**2078** - Demande de pétition publique : Égalisation des mesures « CovidCheck » à l'ensemble de la population

Dépôt : Alexandre Dombrat, le 25.10.2021

**2079** - Demande de pétition ordinaire : E legale Kader fir Iwwernuechtungen an der Natur

Dépôt : Philippe Clement, le 23.10.2021

**2080** - Demande de pétition publique : Keng Hausaufgabe méi an der Primärschoul

Dépôt : Michelle Kreb, le 25.10.2021

**2081** - Demande de pétition publique : La création de fondations de type néerlandais ou liechtensteinois au Luxembourg

Dépôt : Jacobus Christoffel Van Tonder, le 25.10.2021

**2082** - Demande de pétition publique : Baisse d'impôts pour les célibataires

Dépôt : Jacky Bordin, le 26.10.2021

**2083** - Demande de pétition publique : Fir eng Upassung vun den Öffnungszäite fir d'Maison-relais am Sënn vun deene Leit, déi op Schichte schaffen.

Dépôt : Christian Banz, le 26.10.2021

**2084** - Demande de pétition publique : Héich Locatiouns-/Kafräisser stoppen

Dépôt : Mike Prasse, le 27.10.2021

**2085** - Demande de pétition publique : Preis von Benzin & Diesel runter machen/Benzin & Diesel zu teuer / Wer möchte, dass sie es billiger machen? / Bitte unterschreiben!

Dépôt : Spiridon Francesco, le 27.10.2021

**2086** - Demande de pétition publique : Droit à une parcelle de jardin pour chacun qui le désire

Dépôt : Joël Emile Adam, le 28.10.2021

**2087** - Demande de pétition publique : Scolariséieren zu Lëtzebuerg vu Lëtzebuerger Kanner, déi am Ausland wunnen

Dépôt : François Lok, le 28.10.2021

**2088** - Demande de pétition publique : Géint Vëloschaufferen, déi Steiere solle bezuelen, wa se effentlech Stroosse benotzen / Contre les chauffeurs de vélos, qui doivent payer une vignette s'ils profitent des voies publiques

Dépôt : Sandra Muller, le 28.10.2021

**2089** - Demande de pétition publique : Augmentation générale (à la charge de l'État luxembourgeois) des salaires minimums non qualifiés et qualifiés au Luxembourg suite à la flambée des prix

Dépôt : Nathalie Munier, le 29.10.2021

**2090** - Demande de pétition publique : Stoppt den Elektrowahnsinn!

Dépôt : Paul Christ, le 30.10.2021

**2091** - Demande de pétition publique : Formula 1 zu Lëtzebuerg: création d'une piste permanente ou temporaire en vue d'accueillir la Formule 1 au Luxembourg

Dépôt : Rui Pedro Pardal Codices, le 30.10.2021

**2092** - Demande de pétition publique : Rechnung vum Chèque-service no Deduction vum der Schold resp. Loyer

Dépôt : Marc Schreiber, le 31.10.2021

**2093** - Demande de pétition publique : Nachhaltige Rentenreform - der Jugend eine Chance

Dépôt : Marc Kintgen, le 01.11.2021

**2094** - Demande de pétition publique : Renforcement des mesures de sécurité dans les jardins d'enfants et les écoles

Dépôt : Tatiana Kulagina, le 02.11.2021

**2095** - Demande de pétition publique : Rajout d'une banquette rabattable murale dans toutes les toilettes pour personnes handicapées dans toutes les communes du pays du Luxembourg qui disposent d'assez de place dans leurs toilettes existantes et qui va permettre aux familles de pouvoir changer la protection de la personne non autonome en toute dignité

Dépôt : Fernand Boria, le 02.11.2021

**2096** - Demande de pétition publique : Lutte contre le bruit routier

Dépôt : Francis Bonardel, le 07.11.2021

**2097** - Demande de pétition publique : Pour un retrait du concept Food 4 Future dans les cantines scolaires et universitaires luxembourgeoises tel qu'il est mis en œuvre actuellement

Dépôt : David Mancini, le 07.11.2021

**2098** - Demande de pétition publique : Stop à l'indexation du prix de la construction à l'inflation

Dépôt : Nicolas Grandgirard, le 08.11.2021

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, sou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat deem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 4. Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, sur la politique européenne et étrangère

Mir héieren haut de Mëtteg d'Deklaratioun vum Här Ausseminister Jean Asselborn iwwert d'Aussepolitik vun der Regierung. Här Ausseminister, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zënter gutt engem an engem hallwe Joer hält jo d'Covid-pandemie eis alleguerten a Schach an huet vill Leed iwwert d'Welt bruecht. Zanter ugangs 2020 hunn d'Leit, d'Land, d'Welt vill no banne gekuckt. Mir hunn nei Angscht virum Friemen erlieft a virun deenen, déi d'Krankheet kéinte matbréngen.

Nun, wann ee sech d'Zuele vun de leschten Deeg a ville Länner vun der Europäescher Unioun ukuckt, wéi och bei eis, gesäit een, dass d'Situatioun schwierig bleift. D'Infektiounszuele weisen nees staark no uewen. Grad elo muss dowéinst eis Energie gebündelt ginn, fir dass mer zesummen zerguttstert aus der Kris erauskommen an dann déi richtig Lektiounen draus zéien, um soziale Plang, um politesche Plang an um wirtschaftleche Plang.

Aus der Siicht vun der Aussepolitik, ech mengen, do sidd Der mat mer d'accord, duerfe mer d'Gesamtbild, dat heescht de Rescht vun der Welt, natierlech net vergiessen, a besonnesch net eis Partner an den Entwécklungslänner. Et ass kloer, dass de Covid eréischt ënner Kontroll ass, wann en iwwerall op der Welt paréiert ass.

Och eis Lëtzebuerger Diplomatie ass an deenen Zäite virun nei Erausforderunge gestallt ginn an huet misse gutt oppassen an och zum Deel nei Aufgaben iwwerhuelen. Et soll net eist Objektiv sinn, mengen ech, elo esou séier wéi méiglech erëm zrëckzekommen an dat, wat mer als Normalitéit an Erënnung hunn. Dës Kris huet eis aus enger Rëtsch Gewunnechten erauskatapultéiert an derzou bäigedroen, eng sëllege Saachen ze hannerfroen, huet Vulnerabilitéteit fräigeluecht an eis awer och bewosst gemaach, wou verschidde Stärkte leien. Dorobber gëllt et sech elo ze baséieren, fir méi staark nees opzebauen.

Wéi ech virun engem knappe Joer virun lech stoung, ass jo op Héichtouren drü geschafft ginn, fir en effikassen Impfstoff géint de Virus op de Maart ze bréngen. Nun, haut ginn zu Lëtzebuerg jo véier Impfstoffer benotzt, fir de Leit dee Schutz virun deem Virus ze ginn. Mir gesinn haut, dass den Impfstoff d'Léisung ass zu Lëtzebuerg an aner-

wäerts, déi eenzeg Léisung, fir dës Pandemie an de Grëff ze kréien.

Vun Ufank un hu mir op europäeschem Niveau eng gemeinsam Impfstategie verfolgegt. Déi gemeinsam Uschafung vun Impfstoffer war jo eppes komplett Neies am Gesondheetsberäich. Et gouf Ulafschwierigkeeten, et gouf Kritik, et gouf heiansdo och onnéideg Poleemiken. Tatsaach ass awer, dass mer et an der Europäescher Unioun praktesch a Rekordzäit fäerdegbruecht hunn, genuch Impfstoff fir all d'Bierger zur Verfügung ze stellen. Esou gouf bannent der EU d'Zil, dat sech gesat gi war - 70 % vun der erwuessener Bevëlkerung bis zum Schluss vum Summer op d'mannst mat enger Impfung ze schützen -, zwar net ganz erreecht, mee mir waren awer do ganz no drukomm.

D'Strategie vun der Europäescher Unioun, d'Impfcampagne am Geescht vun der Solidaritéit an der Zesummenaarbecht ze organiséieren, huet sech och bezuelt gemaach. Am Laf vun de leschte Méint huet d'Impfcampagne an Europa zolidd ugezunn. Sou krute méittlerwäit ronn 69 % vun der Gesamtbevëlkerung an der Europäescher Unioun op d'mannst eng Dosis. Weltwäit ass dat eréischt knapp e wéineg méi wéi d'Hallschecht. Leider ass dës Succès ongläichméisseg ënnert de Memberstaate verdeelt an et gëllt, iwwerall nach weider Fortschréttler ze maachen. Mir wëssen et och hei an eisem Land.

D'EU huet geliwwert, wat d'Vaccine betrëfft. Et ass ervirzestrichen, dass mer ewell an der Europäescher Unioun massiv Impfstoff produzéieren an dass mer och uechtert d'Welt exportéieren. Sou gouf d'Hallschent vum Impfstoff, deen an der Europäescher Unioun produzéiert gëtt, mam Rescht vun der Welt gedeelt. An deene leschten zéng Méint huet d'Europäesch Unioun méi wéi eng Milliard Impfdosissen a méi wéi 150 Länner exportéiert. Dëst, obwuel deenen Impfstoff ugangs jo ganz knapp war.

Och goufe ronn 87 Milliounen Dosissen iwwert d'COVAX-Initiativ geliwwert. Am Kader vu COVAX huet Lëtzebuerg sech engagéiert, zousätzlech Impfdosen u Partnerlänner bäizesteieren. An derzouwer eraus hu mer, wéi Der wësst, 56.000 Impfdosen dem Cap Vert, engem vun eisen enke Partnerlänner, direkt zur Verfügung gestallt.

Lëtzebuerg engagéiert sech och mat insgesamt 2 Milliounen Euro an der COVAX-Maartgarantie, wovunner dräi Véierel schonn debourséiert sinn.

#### ■ Une voix.- Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Hei muss een och nach eng Kéier ënnersträichen: Et gëllt, dass dat richtig Gläichgewicht muss fonnt ginn tëschent dem Schutz vun eiser Bevëlkerung hei an Europa an awer och eiser moralescher Pflicht vis-à-vis vun deene manner gutt gestallte Länner a virun allem den Entwécklungslänner.

Zanter dem Ufank vun der Pandemie ass d'Weltgesundheitsorganisation ee vun deene ganz wichtege Acteuren, a si wäert et och bleiwen, fir op déi potenziell nächst Pandemie, déi komme kann, virbereet ze sinn.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Iddi, en neien Traité auszeschaffen a mir wäerten eis aktiv un de Verhandlungsbedeeligen, natierlech a Koordinatioun mam Gesondheitsministère.

D'Pandemie huet eist Liewen an enge sëllege Beräicher op d'Kopp gehäit. D'lescht Joer hu mir de 25. Joresdag vum Akraaftfriede vun de Schengener Verträge gefeiert, déi d'Grenzkontrolle fir de Persounen- a Wuerverkéier sollten ophiewen. D'Recht op Fräizüegekeet gëllt méittlerwäit als eng vun deene gréissten Errungenschaften an der Europäescher Unioun a vun der Europäescher Unioun. An awer ass dëst Grondrecht während der Pandemie, wéi Der wësst, ganz staark a Fro gestallt ginn. Um 25. Joresdag vun de Schengener Verträge waren nämlech uechter Europa eng sëllege Bannengrenzen zou.

Am Verglach mat der Situatioun, wéi se d'lescht Joer ëm dës Zäit war, gëtt et eng Rei Fortschréttler ze notéieren an awer gëtt et nach ze vill Plaze bannent der Europäescher Unioun, wou déi fräi Beweegung vu Persounen net komplett garantéiert ass. Am Schenge-Raum ass d'Ausnam méittlerwäit zur Reegel ginn, an d'Reegel - dat heescht, oppe Grenzen - ass eng Ausnam ginn. Persounenfräizüegekeet muss e Grondrecht an der Europäescher Unioun bleiwen.

#### ■ Une voix.- Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- D'Aschränkungen dierfen nëmmen aus gerechtfertegte Grënn gemaach ginn.

Fir Lëtzebuerg an d'Groussregioun ass dëst vu besonnescher Wichtigkeet. Et ass jo net vun ongeféier, dass den Ursprung vum Schenge-Raum bei eis hei am Dräilännereck war. Elo gëllt et, dat Grondrecht esou séier wéi méiglech erëm hierzestellen an d'EU-Kommissioun wäert elo am November hir Propos fir eng Reform vum Schenge-Code virstellen. Da wäert et drëms goen, den Acquis, dee mir

eis selwer erschafft hunn, ze verdeedegen an ze konsolidéieren. Och wann et berechtegt Grënn gëtt, fir punktuell Kontrollen op de Bannengrenzen anzeféieren, muss dat ëmmer eng Ausnam bleiwen an zäitlech limitéiert sinn! Duerfir wäerte mer eis asetzen. Den Ament hu sechs vun deene 26 Schengelänner Grenzkontrollen op de Bannengrenzen ze notifiéieren.

Den 1. Juli 2021 ass op europäeschem Niveau den europäeschen Digital Covid Certificate agefouert ginn. Dësen Zertifikat weist jo de Status un nom Prinzip vun den 3G - also geimpft, getest, geheelt - a soll de Leit d'Reesen erlichteren. Och dëst ass a Rekordzäit geschitt an huet sech méittlerwäit zu engem neien internationale Standard entwéckelt. Eng sëllegen Drëttstaaten hu sech duerch Equivalenzen un dës System drugehaangen a mat enger Rëtsch anere lafen nach Gespräicher.

Doriwwer eraus mussen mir awer och kucken, d'Relatiounen mat de Länner, déi sech net kënnen un dësen EU-System uschléissen, nees eropzefueren.

D'Regierung hat an deem Sënn dee Virschlag fir dat neit Covidgesetz gemaach, deen eis et erlaabt, a bestëmmte Fäll och bilateral Impfzertifikater unzekerken. Elo, wou d'Gesetz en vigueur ass, hu mer eng éischt bilateral Unerkennung, wéi Der wësst, decidéiert iwwer Règlement grand-ducal: déi vun den Impfzertifikater, déi d'USA ausstellen. An zënter e Sonndeg ginn dës Zertifikater zu Lëtzebuerg och unerkannt. Aner Länner kënnen an den nächste Wochen oder Méint derbäikommen.

Mir müssen déi richtig Léieren aus der Coronakris zéien. Mir wäerten drop hirschaffen, dass déi europäesch Acquisen, dorënner eng Schenge-Raum an de Bannemaart, net nëmme komplett retabliert ginn, mee och fit fir d'Zukunft gemaach ginn. Dëst ass eng Grondvoraussetzung, mengen ech, fir d'Resilienz, also d'Widerstandsfäegkeet, vun der Europäescher Unioun an Zukunft.

Déi zouge Grenze bannent der Europäescher Unioun hu virun allem d'Vulnerabilitéit vun de grenziwwerschreidende Gemeinschaften a ganz Europa gewisen. Wou iwwer Joerzénge dru geschafft gouf, Grenzen onsiichtbar an onwichtig ze maachen, waren op eemol erëm Grenzen do. Zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun, wou Honnertausende Mënschen Europa dagdeeglech gelieft hunn, ware mer op eemol erëm of- an agegrenzt.

Zesumme mat eise Partner aus dem Benelux an deenen dräi baltische Staaten huet Lëtzebuerg dës Juni eng Propositioun virgueluecht, an där mir froen, an Zukunft e bessere Schutz vun de grenziwwerschreidende Communautéiten ze garantéieren. Zu sechs schloe mer also vir, dass de potenziellen Impakt vun neien EU-Proposen op grenziwwerschreidend Communautéiten evaluéiert gëtt. Schliisslech wunnen 30 % vun der europäescher Bevëlkerung, dat si ronn 150 Milliounen Leit, a Grenzregiounen. Dat ass also keng reng Lëtzebuerger Partikularitéit. Mee bei eis ass de Phenomeen am däitlechsten.

An anere Länner sinn d'Grenzregiounen an der Peripherie geleeën, net nëmme geografesch gesinn, mee dacks och an engem politesche Sënn. Dat wëlle mer änneren an e bessert Bewosstsi fir dës Realitéit schafen, zu Bréissel an och an deenen aneren Haaptstied.

Et ass un de Grenzen, wou Europa zesummewiisst. Mir müssen also sécherstellen, dass sech de Chaos un de Bannengrenzen an zukünftige Krisen net widderhëlt. Dëst gëllt also och schonn ugesichts dovunner, dass d'Coronainfektiounen erëm an d'Luucht ginn.

Eis Benelux-Presidence am Joer 2022, déi mer amgaange sinn ze preparéieren, wäert eis sécherlech d'Geleeënheet ginn, dës Thematik prioritär unzegoen.

Last but not least huet Lëtzebuerg an dëser Diskussioun iwwert d'Lektiounen, déi mer aus der Kris zéien, och ganz bestëmmt eng Rei Alliiéierter bei den Autoritéiten vun den Nopeschregiounen: Wallounien, Ostbelgien, Rheinland-Pfalz, Saarland, Grand Est. Mat deene wäerte mer enke Kontakt behalen, fir zesummen déi gemeinsam Erfahrung vum leschte Joer an déi europäesch Debatt mat erafléissen ze loossen.

Et sollt een och net ënnerschätzen, dass dës Nopeschregiounen reell Aflossméiglechkeeten an hiren Zentralregierungen zu Paräis, zu Bréissel an zu Berlin hunn an derzou bäidroen, fir se op grenziwwerschreidend Realitéiten an dëser Géigend ze sensibiliséieren.

Am Allgemengen huet d'Kris eis op en Neits gewisen, wéi interconnectéiert a verbonnen eist Land mat der Groussregioun ass a wéi e grousst Potenzial et gëtt, fir dës Relatiounen nach méi systematesch ze verdéiwen.

Aus der Coronakris huet sech a villen Hisiichten, Här President, eng nei Dynamik entwéckelt. Et goufen europapolitesch Entscheedunge getraff, déi bis dohi bal ondenkbar waren.

Am Mäerz 2020 huet Lëtzebuerg zesumme mat aacht anere Memberstaaten an engem gemein-





same Bréif d'Aféierung vu Coronabonds virgeschloen, fir dem Schock vun der Coronakris Meeschter ze ginn. Déi Allermannst konnte sech virstellen, dass mer viru Joresenn d'lescht Joer eng Eenegung op dësem Erëmpobaufong, Next-Generation-EU, hätten, déi deelweis op de Virschléi vum Mäerz berout.

Am Mäerz konnt ech hei den EU-Budget 2021 bis 2027 an de Plan de relance an dësem Haus virstellen, fir d'Decisioun zu den Eegemëttelen op nationalem Niveau vun der Chamber och guttgeheescht ze kréien.

All Memberstaat huet dat misse maachen, fir de pluriannuelle Finanzkader - Dir wësst, dat sinn 1.074 Milliarden Euro - an den Erëmpobaufong Next-Generation-EU - 750 Milliarden Euro ëmfaasst dat Ganz - opzestellen.

Lëtzebuerg huet hei seng Responsabilitéit geholl fir den EU-Budget, dee fit ass fir d'Zukunft mat engem staarken digitalen an och grénge Volet a mat engem Konjunkturpak, deen eis optimal opstellt, fir aus der Kris erauszekommen.

Fir en Deel vun de Fonge vun Next-Generation-EU kënnen zur Verfügung gestallt ze kréien, hunn d'EU-Memberstaaten eenzel missen en nationale Plang fir d'Reprise an d'Resilienz ausschaffen a Lëtzebuerg krut am Juni dëst Joer gréng Luucht fir säi Plang an Héicht vun 93 Milliounen Euro, deen op dräi Piliere berout, wéi Der wësst: Sozialkohäsioun, Resilienz, gréng Transitioun an Digitalisatioun, Innovatioun a Gouvernance.

Dës 93 Milliounen komme bei d'Enveloppe vun de ronn 140 Milliounen Euro derbäi, déi mir am Kader vun der Initiativ REACT-EU vun Next-Generation-EU kruten, mat deene mer, wéi Der wësst, déi zweet Phas vum Large-Scale-Testing, de Regimm vum partielle Chômage an eis Impfcampagne kofinanzéiert kruten.

Allgemeng gesi kann een also scho vun engem Quantensprung an der europäescher Integrationsgeschichte schwätzen. Fir de Länner ze hëllefen, déi vun der Kris am meeschte betraff waren, léint d'Kommissioun Suen, déi spéider zrëckbezuelt kënnen ginn. Dëst war viru e puer Joer nach onméiglech gewiescht. Et war op alle Fall dat richtegt Signal zum richtegen Ament!

Trotz all de pessimistesche Prognosen huet Europa ganz kloer aus de Feeler vum Krisejoer 2008 geléiert. Deen neien Ament war och batter néideg. De Chômage an déi sozial Ongläichheeten an der Europäescher Unioun goufen duerch d'Covid-19-Kris zousätzlech verstärkt a stellen eis Sozialmodeller op eng haart Prouf.

Déi wirtschaftlech Relance no der Kris muss net nëmmen effikass, mee och sozial, fair an inklusiv sinn. Mat der Ënnerstëtzung vum europäesche Piller vun de soziale Rechter wäerte mer op eng sozial Konvergenz innerhalb vun der Europäescher Unioun, déi no uewe weist, hischaffen.

Fir dat Zil ze erreechen, brauche mer awer och eng Aktualiséierung vum soziale Reegelwierk duerch eng Rei geziilt Initiative fir d'Verbesserung vun de soziale Mindeststandarde bei den Aarbechtsbedéngungen. D'Pandemie an déi gréng an digital Transitioun wäerten nämlech strukturell Auswierkungen op de Fonctionnement an op d'Gerechtkeet vun onse Sozialsystemer hunn, déi nach ongewëss sinn. Déi wirtschaftlech a sozial Solidaritéit stellt d'Grundlag vum Projet Europa duer, woufir och de Lëtzeburger Kommissär, wéi Der wësst, de Nicolas Schmit, mat vill Engagement schafft.

Fir dass déi wirtschaftlech, sozial an ekologesche Relance vun der Europäescher Unioun no der Kris nohalteg ka ginn, si mer op den EU-Bannemaart ugewisen. Op sech eleng gestallt gëtt et an eiser globaliséierter Welt schwierig, seng Plaz ze fannen. Spéitstens mat de rezenten Enkpäss bei der Versuergung vu Bensinsstatiounen a Supermarché missen dës Erkenntnis sech lues a lues och bei den Europaskeptiker a Populisten op där anerer Säit vum Ärmelkanal an doriwwer eraus duerchsetzen.

D'Virdeeler vum Bannemaart gesäit ee besonnesch däitlech, wann een net méi dran ass. De Bannemaart zielt mat zu de fundamentaalste Viraussetzungen fir eis europäesch Eenheet an eise wirtschaftlechen Erfolleg, bannent Europa an och dobaussen an der Welt. E grouss Prozentsaz vum PIB vun de Memberstaaten ass direkt op de Bannemaart zrëckzeféieren.

Gestützt op ons véier Grondfräiheden erlichtert de Marché den Alldag vu ronn 450 Milliounen Bierger a vun 20 Milliounen Entrepreneuren. An et ass dee gréisste gemeinsame Wirtschaftsraum an der Welt.

Déi besonnesch Situatioun vun eise Land - geografesch, gesellschaftlech, wirtschaftlech - mécht de Grand-Duché traditionell jo zu engem vun de stäerkste Verfechter vun engem verdéiften an integréierter Bannemaart, e Bannemaart, dee sech duerch eng maximal Harmoniséierung auszeichnet, am Interessi vun eise Bierger, am Interessi vun eisen Entrepreneuren.

Dat nächst Joer feiert de Bannemaart seng 30. Joer. Fir dës ronne Gebuertsdag wënsche mir eis e Bannemaart, dee senger Roll als Motor vum Opchwung ka gerecht ginn, e Bannemaart, deen defragmentéiert ass an an deem déi Hürden, déi elo nach bestinn an déi der fräier Zirkulatioun vu Wueren a Servicer am Wee stinn, ofgeschafft ginn, e Bannemaart, an deem mer eis engagéiert géint d'Opkomme vun neien Hürden asetzen.

Net nëmmen eise Bannemaart huet an dëser Kris staark gelidden, mee och de ganzen internationalen Handel ass op säin déifste Stand zënter dem Zweete Weltkrich gefall. Gläichzäitig ass den Zougang zu internationale Liwwerkette méi vital gi wéi jee, wat jo d'Ofhängegkeet vu Produktionsprozesser opgedeckt huet: Ketten, iwwert déi d'Regierungen iwwerall op der Welt keng Kontroll hunn.

Et war deen Ament, wéi eis Ambassaden an Asien, Dir kënnt lech erënneren, Liwwerunge vu Maske vun de Produktionsplazen op de Flughäfen begleet hunn aus Angscht, iergendeppes kéint mat deene liewenswichtige Produkter geschéien. Et war och deen Ament, an deem mir konnten houfreg sinn, Entrepreneuren ze hunn zu Lëtzebuerg, déi eis mam wäiten Ausland kënnen verbannen an den Zougang zum Rescht vun der Welt fir eis ophalen.

Am Réckbléck gesi mer elo, dass déi international Liwwerketten a Saache Covid net agebrach sinn. Mee domadder solle mer eis net offannen. Mir mussen eis mam Opruff zu engem Paradigmewissel, dee mir d'lescht Joer erlieft hunn, ausenanesetzen. E Paradigmewissel, deen zu engem besseeren Schutz vun eise Planéit féiert, fir an Zukunft esou Pandemien kënnen ze verhënneren. An e Paradigmewissel, fir eis Onofhängegkeet vun internationalen Liwwerketten, op d'mannst fir essenziell Produkter, ze garantéieren. Lëtzebuerg leeft vum internationalen Handel a vum Austausch mat de Länneren am Bannemaart, mee och doriwwer eraus.

Et geet hei net nëmmen ëm d'Finanzplaz, déi duerfir do ass, d'Industrie an d'Handelsaktivitéiten ze

erméiglechen. Et geet och net nëmmen ëm eis Ustrengungen, fir d'Wirtschaft ze diversifizéieren, andeems mir a Servicer an an Zukunftstechnologien investéieren, déi och en Zougang zum Ausland brauchen. Et geet och a viru allem drëm, dass eist Land ouni dës Öffnung géintwärt der Welt net iwwerliewe kann.

Duerfir begrëssen ech d'Debatt um europäeschen Niveau, fir eng strateegesch oppen Autonomie ze erreechen. D'Zil soll sinn, eis Ofhängegkeet vu strateegesch wichtige Produkter aus dem Ausland esou kleng wéi nëmme méiglech ze halen, ouni awer natierlech an e Protektionismus ze verfallen.

An dëser Debatt soll och d'Fro no enger anerer Form vu Wirtschaft an enger anerer Form vu Konsum eng integral Plaz fannen. De Klimanoutstand, dee mir erliewen, verlaangt dat. Aus dësem Grond setzt d'Lëtzeburger Regierung sech zanter Laangem derfir an, dass d'Dispositionen iwwert déi nohalteg Entwécklung an den europäeschen Handelsverträge entscheidend gestärkt ginn. Dat weist déi kloer Linn, déi d'Regierung am Kader vum Mercosur-Ofkommen adoptéiert huet. Dat beweist och eisen Asaz, fir aus dem Respekt vum Paräisser Klimaschutzvertrag eng essenziell Konditioun fir d'Konklusioun vun Handelsverträge ze maachen, esou wéi et am Koalitionsofkommen steet. Ech begrëssen et duerfir, dass d'EU-Kommissioun sech entscheet huet, fir bei all zukünftigen Handelsverträge dee Wee anzuschloen.

Mir hunn awer och gemierkt, dass et net duergeet, sech op EU-Handelsverträge ze begrenzen. D'Fro vum Klimaschutz, vun den Aarbechtsrechter a besonnesch vun de Mënscherechter betrëfft nämlech all eis Liwwerketten, a besonnesch déi, fir déi et keen Handelsvertrag gëtt.

Lëtzebuerg war mat eent vun deenen alleréischte Länner, déi zu Bréssel an de Conseilen hei eng konkret Initiativ op europäeschem Niveau gefuerdert hunn, fir d'Mënscherechter am Kader vun de Liwwerketten ze garantéieren.

Wann dat am Ufank och ganz minoritär war, dat kann ech lech soen, hu mer et awer an Tëschenzäit fäerdegbruecht, dass d'Necessitéit vun esou engem Liwwerkettegesetz net méi a Fro gestallt gëtt an d'Kommissioun sech engagéiert huet, hei eng konkret Propos op den Dësch ze leeën. Dëst wäert net nëmmen Ännerungen an Europa bei dësem wichtige Sujet erbäiféieren, mee och weltwäit zu engem Émdenke féieren. Et dierf een net de Feeler maachen, mengen ech, ze kleng ze denken. Fir en Impakt ze hunn, muss een d'Dossiere vum internationalen Handel grouss gesinn a grouss denken.

Dir wësst och, dass de Regierungsrot vum 23. Abrëll 2021, also dëst Joer, en interministerielle Komitee ënnert der Koordinatioun vum Aussemistère agesat huet, fir d'Haaptfroen iwwer eng méiglech gesetzlech Verankerung vun enger Suergfaltsflicht a Saache Mënscherechter fir Entrepreneuren zu Lëtzebuerg ze analyséieren an der Regierung e Rapport ze maachen. Et geet hei ëm Froen wéi: Wat kéint d'Portée vun engem Gesetz iwwert d'Mënscherechter a Betriber sinn? Wéi eng Entreprise solle vun esou engem Gesetz betraff sinn? Wéi eng Obligatiounen kéinten d'Betriber operluecht kréien a wie kontrolléiert, ob déi Betriber sech och un déi Oplagen halen?

Et geet drëm, hei d'Gläichgewicht ze fannen tëschent deem, wat wëschenswäert ass an deem, wat ëmsetzbar ass. D'Resultat vun dëser Aarbecht soll et erméiglechen, d'Bausteng fir e Gesetzestext auszeschaffen. Bis dohi läit idealerweis och eng

Propositoun vun der Kommissioun fir en europäeschen Text um Dësch a mir kënnen dann, op Basis vun der Viraarbecht, déi mer hei gemaach hunn, déi hei geleescht gouf, während de Verhandlung mat den anere Staate sécherstellen, dass en zukünftigen EU-Text eise Punkte Rechnung dréit an den Niveau vun Ambitioun kritt, dee mer eis wënschen. Solit et aus iergendwelleche Grënn net virgoe mat enger europäescher Direktiv, géif d'Basis bestoen, fir dann op en eegenen nationale Wee ze goen.

D'Coronapandemie huet vill wirtschaftleche Schued ugericht. Elo, wou d'Ekonomie op der ganzer Welt allerdéngs erëm méi séier wéi erwaart unzitt, gesi mer eng Rei Problemer an de globale Liwwerketten entstoen. D'Rostoffer gi méi deier, d'Energiepräisser sinn esou héich wéi scho laang net méi an den Transport vu Gidder gëtt deementspreechend och méi deier. Dat huet en Impakt op d'Präisser fir eis Industrie a schlussendlech och fir d'Konsumenten. Dat si Problemer an de Liwwerketten, déi een à part muss gesi vun den Efforten, fir d'Suergfaltsflicht fir d'Entrepreneuren ze verbessern oder och, fir eis Klimazil ëmzesetzen.

En Deel vun den aktuelle Problemer ass sécher konjunkturell a wäert sech vläicht erëm leeën, soubal erëm eng gewëssen Normalitéit an d'Weltwirtschaft anzitt. Et stellt sech allerdéngs och d'Fro, ob net en Deel vun deene Problemer méi laang wäert bestoe bleiwen, well d'Pandemie e steigende Protektionismus an d'Erëmaféiere vun Handelsbarriären - an de Brexit ass dofir e gutt Beispill -, also strukturell Verännerungen en place gesat huet, déi mer esou séier net méi wäerte lassginn. Hei wäerte mer eis enk musse mat eisen europäesche Partner ofstëmmen.

Als Europäesch Unioun mussen mer eis beméien, fir Deel ze si vu strateegesche globale Liwwerkette wéi zum Beispill och am Beräich vun den Héichleeschungsschips. Mir mussen awer gläichzäitig och derfir suergen, dass eis europäesch Operateuren net onfairen Handelspraktiken ausgesat sinn. Duerfir mussen mer eis méi enk mat eisen Handelspartner ofstëmmen an eis awer och déi néideg Moyene ginn, wéi zum Beispill mat engem neien Antisubventionsinstrument oder och dem International Procurement Instrument.

Allerdéngs muss een och do oppassen, dass mer net ze vill administrativ opwändeg Strukturen en place setzen an eis net selwer Steng an de Wee leeën. Als klengt Land wësse mer nëmmen allze gutt, dass mir op d'Ouverture vun de Marchéen ugewise sinn, well nëmmen esou kënnen mer d'Innovatioun an d'Kompetitivitéit weiderdreien an eise Wuelstand an Europa erhalen.


Am Beräich vun de Konfliktmineralien huet d'Chamber jo elo de Gesetzesprojet, deen d'Reglement vun der Europäescher Unioun soll ëmsetzen, virgeluecht kritt. Hei sti mer och schonn zënter enger Zäit an engem Kontakt mat den Entrepreneuren, déi betraff sinn, soudass d'Ëmsätze vun deem Gesetz kee Problem dierft mat sech bréngen.

An dësem Kontext vläicht nach e Wuert zu engem anere Gesetzesprojet, dee mir wäerte beschwätze kënnen, nämlech vum Filtermechanismus, dee mir als Regierung wëllen op d'Bee setze fir sécherstellen, dass keen Investissement zu Lëtzebuerg eiser Sécherheet schuet. Och hei huet d'Chamber viru Kuerzem e Gesetzesprojet virgeluecht kritt. Dësen Text kënnt an engem Moment, an deem mir kloer gesinn, dass Investitiounen net ëmmer aus enger reng ekonomescher Logik getäit ginn. Den Text kënnt och zu engem Moment, an deem de globale politesche Kontext ëmmer méi ugespaant ass. Den Dia-

# De Petitiounssite vun der Chamber

Start Är eege Petitioun  
oder ënnerstëtzt aner Petitiounen  
mat Ärer Ënnerschrëft op  
[www.petitions.lu](http://www.petitions.lu).

Et ginn zwou Zorte  
vu Petitiounen:  
**d'Pétitions publiques** an  
**d'Pétitions ordinaires**.







log tëschent de Länner gëtt ëmmer méi schwéier. Grad elo, wou et esou wichteg ass - méi wichteg ass, wéi et war -, den internationalen Handel weider ze verännern. Duerfir ass et wichteg, esou e Mechanismus an d'Liewen ze ruffe mam Objektiv, dat richtegt Gläichgewicht ze fannen tëschent op där enger Säit dem Schutz vun eisen Interessien an op där anerer Säit dem Oprechterhale vun eiser Oppenheet an och der Attraktivitéit vun eiselem Standuert.

Genee wéi d'Covid-19-Pandemie stellt jo de Klimawandel eng Erausforderung duer, déi sech net duerch d'Kontroll vun nationale Grenzen andämme léisst, mee global ofgestëmmte Léisungen erfuerdert. Fir d'Europäesch Unioun gëllt et duerfir, eng féierend Roll am Beräich vun de Klima- an Ëmweltschutzmesuren ze iwwerhuelen. Déi dramatesch Iwwerschwemmungen dëse Summer bei eis souwéi och déi desastréis Bëschbränn anerwäerts hunn op en Neits dättelech gemaach, dass mir keng Zäit ze verléieren hu fir ze handelen.

Mam europäesche Green Deal an dem Accord vun alle Memberstaaten, d'Zäregasemissionen bis 2030 ëm mindestens 55 % par rapport zu 1990 ze reduzéieren, hu mer jo an Europa an deene leschte Méint schonn éiergäizeg Etappe geholl. Elo gëllt et natierlech, déi verschidden europäesch Rechtsinstrumenter un eis Ambitiounen unzepassen.

Lëtzebuerg begréisst de Fit-for-55-Pak a mir gesinn dëst als eng entspreichend Etapp, fir dass d'EU et packt, bis 2050 zum éischte klimaneutrale Kontinent ze ginn an esou den europäesche Green Deal kennen ze verwierklechen.

Erlaabt mer, op dëser Plaz op ee vun de Virschléi vun deem Deal anzegoen, nämlech: D'Kommissioun proposéiert jo, e Klimasozialfond an Héicht vun 72 Milliarden Euro op d'Been ze setzen, fir deenen europäesche Bierger ënnert d'Äerm ze gräifen, déi risquéieren, opgrond vun eiser Klimastrategie ënner finanziellen Drock ze geroden. Dës Transition wäert ganz kloer e Präis hunn an duerfir brauche mir sozial Kompensationen, déi esou no wéi méiglech musse bei deene Montante leien, déi et de Bierger och kascht. Fir dass dat ka séchergestallt ginn, mengen ech, dass hei awer nach eng Kéier muss nogebessert ginn am Chiffer.

De Message muss kloer sinn. Keen duerf zrëckge-looss ginn! Mir hu schonn a verschiddene Länner gesinn, wéi schnell d'Investissementen, déi mam Kampf géint de Klimawandel verbonne sinn, zu Munition fir grouss Protester kënne ginn, wann net gläichzäiteg Ausgläichsmoosname mat op de Wee bruecht ginn.

Déi gréng Transition muss och vun enger finanzieller Transition begleet ginn. Hei wäert Lëtzebuerg och weiderhi seng Roll um internationale Plang spillen a seng Expertis am Beräich vun de grénge Finanzen aflësse loosson, dorënner spezifesch och a Saache Green Bonds zum Beispill.

E Freideg geet déi 26. UN-Klimakonferenz zu Glasgow op en Enn. Nach ass et ze fréi fir ze soen, ob dës Konferenz wierklech als Erfolleg, esou wéi d'COP21 zu Paräis viru fënnef Joer, wäert an d'Geschicht agoen.

Bei de Verhandlungen vun der COP26 ass fir Lëtzebuerg prioritär, dass d'Reegele betreffend den Emissionsmaart finaliséiert ginn an d'Froe vun de gemeinsamen Echeancen, fir déi national Kontributionen unzepassen, gekläert ginn. International Solidaritéit mat deene Länner, déi elo schonn akut ënnert dem Klimawandel leiden, ass och essenziell.

2019 schonn hat Lëtzebuerg eng Enveloppe vun insgesamt 200 Milliounen Euro fir d'Joren 2021 bis 2025 zur Verfügung stellt. Fir d'nächst Joer wäerte mer eis Kontribution ëm 50 % erhéien. Ugangs leschter Woch war Lëtzebuerg ënnert de méi wéi 100 Signataire, déi sech derfir engagéieren, d'Methanemissionen bis 2030 op d'mannst ëm 30 % ze reduzéieren.

De Grand-Duché ass och ënnert deene bis ewell méi wéi 130 Signataire, déi sech derfir engagéieren, d'Zerstéieren an d'Ofholze vun eise Bëscher bis 2030 ze stoppen. Och wann zanter dem Paräisser Ofkommen eng Rëtsch Fortschréttler gemaach gi si fir de Klimaschutz, geet et dach nach laang net duer. Mir hoffen, dass déi néideg Engagementer fir méi Ambitioun, fir eng méi séier resolutt Ëmsetzung vun den Ziler sech och an de Schlusddokumenten vun der Konferenz zu Glasgow wäerten erëmfannen.

Während der Pandemie sinn och eis Wäerter weider ënner Drock geroden. Iwwer 84 % vun der Weltbevölkerung liewen a Länner, wou d'Rechtsstaatlechkeet d'lescht Joer zrëckgaangen ass. 84 %! Dëse Phänomene huet scho virun der Kris ugefaangen an zënter e puer Joer ass d'Zuel vun de Länner, an deenen d'Rechtsstaatlechkeet sech verbessert huet, méi kleng wéi déi vun de Länner, wou se sech verschlechtert huet.

Och d'Europäesch Unioun als Wäertgemeinschaft bleift dovunner net verschount. Sou weist de Rechtsstaatlechkeetsrapport vun der Europäescher Kommissioun, dass a verschiddene Memberstaaten

éischter Réckschréttler wéi Fortschréttler ze verzeche sinn. Et muss also ganz dättelech gemaach ginn, dass et e Spill mam Feier ass, dat zu enger grousser Kris an der Europäescher Unioun wäert féieren.

Duerfir muss de Konditionalitéitsregime am Kader vum EU-Budget an dem Konjunkturpak, deen zanter ugangs des Joers a Kraaft ass, vun der Kommission ëmgesat ginn. Et weist an deem Kontext viles drop hin, dass direkt am Januar 2022 de Recours virum Europäesche Gerichtshaff soll tranchéiert ginn. Bei Verstéiss géint d'Rechtsstaatlechkeet muss a leschter Instanz kennen um finanzielle Plang reagéiert ginn. Et ass op alle Fall ëmmer méi schwéier, fir de Bierger ze erklären, firwat Länner, déi zu de gréissten Empfänger vun EU-Fongen zielen, Regierungen hunn, déi awer d'EU-Wäerter ignoréieren an de Rechtsstaat a Fro stellen, Regierungen, déi am Fong just um Geld aus der Europäescher Unioun interesséiert sinn an hir Wäerter mat Féiss rennen. Den intensiven Dialog, dee mer déi lescht Jore gesicht hunn, huet eis leider net weiderbruecht a mir sinn elo um Punkt ukomm, un deem mir eng Erosioun vun eise Wäerter an der Europäescher Unioun risquéieren. Dat ass net akzeptabel! Mir wäerten och net nokucken, wann d'Onofhängegkeet vun der Justiz a Fro gestallt gëtt oder wann d'Korruptioun Iwwerhand hält. Dat geet un d'Fundament vun eiser Unioun.

Wa sech dat duerchsetzt, wat a Frankräich d'Nationaliste propagéieren, an zemools een elo, nämlech d'Eliminéiere vun de Contrepoidsen an der Demokratie, dat heescht, der Justiz, déi onofhängeg ass, an de Medien, déi fräi schaffe kennen, da si mer net méi an där Europäescher Unioun, déi mat de Réimer-Vertrag gegrënnt ginn ass.

Milliounen Leit a speziell déi, déi an d'22. Joerhonert erawuessen, wëlle keen „Illiberalismus“ à la Orbán. Si géifen eis Indifferenz heibäi net verstoen an och ni verzeien.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Mir müssen eis awer och den haitegen neien Erausforderungen stellen an déi nei hybrid Bedroungen, deenen eis Demokratie ausgesat ass, konsequent bekämpfen.

Online-Desinformation ass eng Realitéit ginn, och hei zu Lëtzebuerg. Eis Ustrengungen géint d'Desinformation müssen also verstärkt ginn an d'Géigemoosnamen aus dem Europäeschen Aktionsplang fir d'Demokratie müssen ëmgesat ginn.

D'Europäesch Unioun ass eng Solidargemeinschaft. Wéi mer dëst Joer zu Lëtzebuerg, an der Belsch an an Däitschland, mee och a Südeuropa gesinn hunn: Naturkatastrophe kenne keng Grenzen! An duerfir ass et ëmsou méi wichteg, dass mer um Niveau vun der Europäescher Unioun séier an effikass reagéieren an Hëllef leeschte kënnen. Dëst gëtt duerch den Asaz vun europäesche Mechanismen, vun dem Europäesche Katastropheschutzverfahren, der rescEU-Reserv an dem Europäesche Katastropheschutzpool erméiglecht. Op dëser Plaz wëll ech all deene Leit, déi an dëse Krisbewältigungen involvéiert sinn, fir hir Aarbecht e grouse Merci soen.

Lëtzebuerg ass dëst Joer Member vum Büro vun der Ministerielle vum Rot vun der OCDE, enger Organisation, déi Der kennt an déi dëst Joer de 60. Joresdag zënter hirer Grënnung feiere konnt. Mir freeën eis besonnesch, dass mer dat zesumme mat eisen amerikanesche Partner konnte maachen, déi d'Présidence dëst Joer jo hunn, an dass mer als Vice-présidence konnten zesumme mat Südkorea eisen Deel zum Erfolleg vun der Ministerielle bäidroen.

Esou konnte mer eng ganz Rëtsch Akzenter setzen an dësem wichtege Gremium an derzou bäidroen, dass déi gréng Transition, den digitalen Ëmbau an eis gemeinsam Wäerter déi Stellwäerter kréien, déi hinnen zoustinn an där neier Zukunftsvision vun der OCDE.

Lëtzebuerg konnt seng Expertis an Erfahrung am Beräich vun de grénge an nohaltege Finanzen mat erabréngen, fir géint de Klimawandel ze kämpfen, virun allem, wat d'Mobiliséierung vun den néidegen Investissementen ugeet.

Mir hunn awer och kënnen ënnersträichen, dass de Schutz vun der Rechtsstaatlechkeet, vun der Onofhängegkeet vun der Justiz a vun de Prinzipien vun enger gudder Gouvernance müssen Deel si vun alle glafwierdege Strategien, fir aus der aktueller Kris erauszekommen.

Mir hunn eis och duerfir fir e méi verantwortungsbewusst Handels vum den Entrepreneuren an hire globale Liwwerketten agesat, e Beräich, an deem der OCDE eng Schlësselroll zoukënn. Den internationalen Handelssystem muss als Instrument fir d'Bekämpfe vum Klimawandel agesat ginn an och d'Mënschen- an d'Zivilrecht besser schützen.

Als multilateral Institution spillt d'OCDE eng entscheedend Roll, fir eng méi gréng an inklusiv Zukunft ze garantéieren. Duerfir huet d'Regierung och decidéiert, dass mer eis Verriedung bei der OCDE vum nächste Joer un ausbauen, fir dass Lëtzebuerg

hei nach besser opgestallt ass, fir sech kennen esou gutt wéi méiglech an d'Diskussionen mat eranzubréngen.

Och an engem anere Beräich kënne mer en neit Kapitel am Lëtzebuurger Engagement fir de Multilateralismus schreiwen. De 14. Oktober gouf Lëtzebuerg, wéi Der wësst, déi éischte Kéier an de Mënscherechtsrot vun der UNO gewielt.

Mat 180 vun 193 Stëmmen huet Lëtzebuerg punktgläich mat Finnland, virbäi also an eiselem Grupp, eng Plaz am Mënscherechtsrot kritt. Et war eis alleréischte Kandidatur a mir hate jorelaang drop hi geschafft. Mee elo fänkt déi eigentlech Aarbecht jo eréischt un.

Eis Prioritéiten aus der Campagne bleiwen eis Prioritéiten fir déi dräi Joer vun eiselem Mandat, dat elo den 1. Januar wäert ufänken:

Éischtens Rechtsstaatlechkeet. Ouni Rechtsstaatlechkeet ass keng Demokratie méiglech.

Zweetens d'Handelen, fir géint de Klimawandel ze kämpfen. De Klimawandel huet een Impakt op eng ganz Rëtsch Rechter: Recht op Waasser, Recht op Gesondheet, Recht op lessen. Lëtzebuerg wäert sech asetzen, fir deenen negativen Auswierkungen vum Klimawandel op d'Mënscherechter kennen entgéintzesteieren.

Drëttens d'Fraerechter, d'Rechter vun de Meedercher, grad wéi och den Effort géint d'Diskriminationen vun LGBTQ+-Persounen.

A véiertens d'Kannerrechter. Dëst ass ee Beräich, an deem Lëtzebuerg zënter Laangem eng Virreideroll iwwerhëlt. Ze vill Kanner sinn Affere vu Kricher, leiden Honger oder hu keen Zougang zu Education a Gesondheet.

Mir sinn eis eiser Verantwortung voll bewusst. Mir sinn och prett, fir eis där Erausforderung ze stellen, sou wéi mer dat deemools, 2013 an 2014, och am UNO-Sécherheitsrot gemaach hunn. Op all deene Plazen, wou mir eis international engagéieren, verteidige mir Wäerter, déi leider - wéi Der wësst - eng Rëtsch Länner net deelen. Souguer Länner, déi anerwäerts eis Partner sinn, stëmme reegelméisseg op enger Partie Resolutionen de Contraire vun deem, wat mir ënnerstëtzen. Am Mënscherechtsrot si vill Sujeten uerg politiséiert. Doru besteet keen Zweifel. Déi nächst dräi Joer wäerte fir eis ganz intensiv ginn.

Wéi ëmmer ass Lëtzebuerg prett nozelauscheren, ze hëllefen, Léisungen ze fannen. Virun allem wäerte mir astoe fir déi universal Mënscherechter, fir déi de Conseil gegrënnt ginn ass! A mir wäerten eis net scheien, eis Positionen ze erklären an och ze verteidigen.

Mir zielen drop, dass mir besonnesch eise Partnerlänner kennen hëllefen, sech net ze vill ënner Drock setzen ze loosson an aktiv ze schaffen, fir d'Situationen vu Mënschen, déi ënner Krich a Konflikter leiden, op Plaze wéi am Jemen oder am Afghanistan, ze verbessern. Sou wéi am Sécherheitsrot wäert Lëtzebuerg am Mënscherechtsrot alles maachen, fir säi Stéckelchen derzou bäizedroen, dass konkret Resultater erreecht ginn, déi den Ënnerschied um Terrain maachen.

Nieft den Hauptprioritéiten am Kontext vum Mënscherechtsrot schaffe mir natierlech och weider an anere Beräicher respektiv a Beräicher, déi domat zesammenhängen. Weltwäit gëtt et ëmmer méi Attacke géint d'Zivilgesellschaft a géint Persounen, déi sech asetzen fir d'Mënscherechter: Journalisten, Affekoten, Aktivisten - virun allem Frae gi ganz dacks do viséiert.

Lëtzebuerg setzt sech a fir de Schutz vun de Journalisten an ënnerstëtzt d'Fräiheet vun de Medien, souwuel online wéi offline, bannent der Unesco, bannent der Media Freedom Coalition, der internationaler Partnerschaft fir Information an Demokratie, bannent der Freedom Online Coalition, wou Lëtzebuerg viru Kuerzem neie Member ginn ass. Mir maachen och finanziell Bäitrag, zum Beispill fir de Global Media Defence Fund vun der Unesco, oder fir der OSZE hire Projet fir d'Sécherheet vu weibleche Journalisten online, oder och nach, fir dem Conseil de l'Europe seng Plattform fir d'Sécherheet vun de Journalisten ze promovéieren. Doriwwer eraus ënnerstëtze mir och a verschiddene Länner direkt Medienorganen, déi ënner Drock geroode sinn.

Lëtzebuerg gehéiert och zu deene sechs Länner - mat Schweden, mat Kanada, mat Frankräich, mat Spuenien a mat Mexiko -, déi eng feministesch Aussepolitik hunn. An deem Kader setze mir eis systematesch a kohärent a fir d'Rechter vun de Fraen a Meedercher, och fir hir sexuell a reproduktiv Gesondheet a Rechter, an hir onageschränkte Kierperlech a geeschteg Fräiheet.

Zu dëser feministescher Aussepolitik gehéiert d'Ëmsetze vun engem nationalen Aktionsplang fir Fraen a Friden a Sécherheet am Kader vun der Resolution 1325 vum UNO-Sécherheitsrot. Dës Resolution gouf virun 20 Joer adoptéiert. 20 Joer! Mee vill bleift nach ze maachen. Déi verschidde Situationen op der Dagesuerdnung vum Sécherheitsrot weisen eis, wéi entscheedend d'Inklusiv

vu Fraen op allen Niveaue vum Fridensprozess ass, als eng onverzichtbar Bedéngung fir d'Konfliktléisungen an d'Erstelle vun dauerhaftem Friden.

Eisen Asaz fir d'Mënscherechter geet Hand an Hand mat eiselem Asaz fir eng mënschlech Migrationpolitik. D'Pandemie huet och zu enger neier Angscht virum Frieme gefouert an d'Debatten an Europa iwwert d'Migration sinn nach méi verbatert ginn. Mir als Europa musse kloer Zeeche setzen, besonnesch no deem Debakel an Afghanistan, wou mir hu missen nokucken, wéi d'Taliban d'ganz Land iwwerholl hunn an 20 Joer Fortschréttler fir Fraen, fir Meedercher, fir d'Demokratie total iwwert de Koup gehäit hunn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Mir müssen iwwerall op der Welt astoe fir Solidaritéit mat deene Leit, déi hir Heemecht musse verloossen, fir kënnen ze iwwerliewen. D'Flüchtlingsrecht ass zënter 1951 an der Genfer Konvention verankert. Dorunner dierf net geréckelt ginn! Wann ee verschiddenen EU-Länner nolauschert, géif ee mengen, hir Regierungen hätten total vergiess, dass ee muss Member vun der Genfer Konvention sinn, ier ee ka Member vun der Europäescher Unioun ginn. Et mengt een och, si hätten total vergiess, dass hir Elteren, hir Grousseltere Flüchtlinge waren, dass se Verdrüwener waren oder dass se Netgeliddener an hirem eegene Land waren.

Den Ament klëmmt de Migrationsdrock an Europa erëm, nodeems en am Joer 2020 duerch d'Pandemie zrëckgaange war. Am Mëttelmierraum a virun allem an Italien, mee awer och op de Kanarischen Inselen an op de Balearen an op Zypern, kommen zanter Ufank vun dësem Joer vill méi Leit un. Un eise Baussegrenzen am Osten hu mir et mat enger Instrumentalisierung vun der Migration duerch een autokratesch Regime ze dinn. Mir hu gëscht d'Billen op der Television doriwwer nach eng Kéier kënne kucken.

An der EU leien d'Zuele wäit hannert deene vum Krisejoer 2015. Mee et bleift fir mech kloer, dass mer eis dréngend nei Reegelen an der Europäescher Unioun musse ginn, fir eng geuerdent, automatesch, obligatoresch Gestoun vun der Migration en place ze hunn. D'Verhandlungen um Migrationspak ginn nëmme lues virun, fir dat ganz optimistesche ze soen. A wann ech reell sinn, soen ech: Si ginn iwwerhaapt net virun, wat den Aspekt vun der Solidaritéit ugeet!

Et bréngt momentan och näischt a mengen Aen, dës legislativ Texter onbedéngt als ee Gesamtpaket wëllen duerchzekréien. Duerfir leien d'Positionen ze wäit ausernaner. Villméi setze mir eis fir gläichméisseg Fortschréttler op deene verschiddenen Elementer, déi de Paquet zesumstellen, an. De rezenten Accord zur EU-Asylagence zum Beispill ass ze begrëssen, well domadder déi néideg Capacitéiten kënne bereetgestallt ginn an d'Agence hir Aktivitéiten eropschrauwe kann.

Wat den Accueil vu Flüchtlinge betrëfft, sou muss mer et fäerdegbréngen, a Krisensituationen eng obligatoresch Solidaritéit festzeschreiwen. Et kann net sinn, dass e puer vereenzelt Länner, déi weinst hirer geografescher Lag dem Migrationsdrock als éischt Areesland méi staark ausgesat sinn, vum Rescht vun der Unioun eleng gelooss ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Do geet et net duer, dass e puer vereenzelt Memberstaaten - wou Lëtzebuerg praktesch ëmmer derbäi ass, mat eise Moyenen natierlech - ëmmer erëm gewëllt sinn, Leit an Nout opzehuelen, an dass ee sechsmol muss gefrot ginn, an dass déi meescht Länner einfach Nee soen. Nee, mir müssen e System op d'Bee stellen, deen eng strukturéiert Léisung bitt an deem all d'Memberstaate kënnen a müssen zoustëmmen.

Wann et muss sinn, soll d'Kommissioun och da kënne verpflichtend Zuele fir d'Relokalisatioun proposéieren. D'Relokalisatioun ass déi eenzeg Form, Här President, déi eenzeg Form vu Solidaritéit, déi um Terrain tatsächlech gefuerdert ass an och Entlaaschtung bréngt. Alles anescht ass Brimborium ronderëmmer.

Verschidde Länner beschränke sech reng drop, dass ee just soll d'Grenze kontrolléieren, andeems een e pickenge Drot opriicht an héich Mauere baut, fir dem Problem vun der Migration Meeschter ze ginn. Dat ass eng total politesch Ierféierung! Och eng Zort Chinesesch Mauer an Europa géif keng Leit zrëckhalen, déi fortlafe musse viru Misär a Krich, fir e Wee ze fannen, fir kënnen ze iwwerliewen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - A puncto Solidaritéit mat deenen anere Memberstaaten ass Lëtzebuerg net nëmme um Pabeier solidaresch. Nee, mir setzen dëst och um Terrain ëm. Trotz Pandemie hu mir eis och erëm d'lescht Joer verpflichtet, e puer Dose Leit





opzehuele vun de Schëffer, déi am Mëttelmier uge-luecht hunn. Zanter 2019 sinn dat 77 Leit eleng am Kader vun der Relokalisatioun. Leider hunn - ech soen dat! - zwee Drëtzel vun den EU-Memberlänner nach kee Mënsch dovunner opgehol.

Wat international Solidaritéit ugeet, hëlt Lëtzebuerg och seng Responsabilitéit. Et goufen 329 Leit am Kader vum Resettlement, also der Reinstallatioun, opgehol zënter 2015. A mir hunn eis engagéiert, fir 2022 weider 50 Leit opzehuelen. International Soli-daritéit weise mir och - mir versichen et op jidde Fall! - an der Afghanistan-Kris. Duerfir huet Lëtze-buerg sech mat Nodrock fir e Forum fir Afghanistan agesat - deen net evident war, deen net virgesi war -, deen de 7. Oktober awer organiséiert gouf.

Hei konnte mir kloer Messagë ginn, dass mer soli-daresch si mat deene Leit, déi zanter der Muecht-ergräifung vun den Taliban engem Risiko ausgesat sinn - vill vun deene Leit souguer engem Doubesri-siko. Ech sinn optimisteschesch, dass mer et hëkréie wäerten, duerch e concertéierten Effort vun der in-ternationaler Communautéit, de Besoinen, déi vum HCR identifizéiert goufen, kënnen gerecht ze ginn.

Zanter Mëtt August hu mir vill Efforte gemaach, och mat lech zesummen - ech mengen, Dir hutt dat all ënnerstëtzt -, fir Lëtzeburger Awunner vun afghanescher Hierkonft a vulnerabelen afghanesche Staatsbierger an Nout ze hëllefen, aus Afghanistan erauszekommen. An enger éischter Phas hu mer et fäerdegbruecht, an Zesummenaarbecht mat eisen europäesche Partner, a besonnesch eise Benelux-Partner, 25 Leit direkt aus Afghanistan ze evakuéieren. Dozou kommen eis Engagementer am Kader vun der EU a vun der NATO, wou mer jeeweils Fa-milljen heihinnerbruecht hunn.

Nodeems déi international Truppe sech zrëckge-zunn haten an de Flughafen zu Kabul net méi funk-tionéiert huet, hu mir weidere Leit aus Pakistan, déi direkt a Gefor waren, Zousoe gemaach, fir se opze-huelen duerch d'Ausstelle vu Visaen. Parallel zu den Evakuatiounen traitéiere mer divers Demandë fir d'Familljenzesummenféierung. Aktuell sinn d'Prozeduren amgaang fir ronn 100 Leit. An zanter August goufen och 28 Titres de séjour fir Famillje-memberen ausgestallt.

Wéi Der wësst, ass dee grouse Problem, wéi een d'Leit iwwerhaupt de Moment aus Afghanistan erauskritt, wann net massiven Drock vun der inter-nationaler Communautéit an och d'Logistik vun der internationaler Communautéit derhannert sinn.

Wat d'Analys vun den Asyldossieren ugeet vun Afghanen, ass et zanter der Prise de pouvoir vun den Taliban ganz, ganz schwierig, oft souguer on-méiglech, objektiv Informatiounen ze kréien, déi eis et geifen erlaben, an all den Dossieren, déi am Mo-moment nach unhängig sinn, Decisiounen ze huelen. Eis Approche ass de Moment ganz kloer nom Inte-rêt - ech betounen dat! - vun de Leit, vun den afgha-nesche Leit, déi zu Lëtzebuerg sinn, ausgeriicht.

Éischtens emol, déi, déi offensichtlech eng Protek-tioun zegutt hunn, kréien dës Protektioun och ganz, ganz séier accordéiert.

Zweetens, bei Leit, déi an engem anere Member-staat schonn eng Demande gestallt haten - déi sou-genannt „Dubliner“ - oder déi schonn eng Protek-tioun vun engem anere Land kruten, iert se op Lët-zebuerg kounen, do ass et d'Entscheidung, déi op EU-Recht baséiert, déi muss ugewannt ginn.

Drëtzens, déi Dossieren, déi de Moment riskéieren, eng negativ Decisioun ze kréien, ginn en suspens gehalten, bis mer méi Informatiounen hunn. Déi ad-ministrativ Geriichter sinn eiser Positioun nogaang an hunn d'Delaie verlängert, fir der neier Situatioun kënnen Rechnung ze droen.

Tëschtent Mëtt August an Enn des Mounts wäerte 54 Afghanen, déi et op Lëtzebuerg gepackt hunn, internationale Schutz kritt hunn - net nëmmen hei opgehol sinn, mee bis dohinner 54, déi dann och

hire Statut hunn. Parallel hunn 71 Afghanen eng Demande bei eis gemaach. An d'Interviewe mat deen Afghanen ginn och virun, soudass ouni Zweifel weider Leit och dëst Joer de Statut wäerte kréien.

Verschidden Dossiere sinn de Moment en suspens - ech soen dat nach eng Kéier -, well et sech no-tamment ëm Persounen handelt, Afghanen, déi awer ni am Afghanistan gelieft hunn oder keng per-séinlech Motiver uginne hunn! Eise Ministère huet och d'Affekote vun de Leit kontaktéiert, fir dass se nei Elementer en faveur vun hire Clienten an och eise Geriichter solle schécken.

D'nächst Woch wäerten nei Guidelines vun der EASO iwwert d'Asyldemandë vun den Afghanen erauskommen, dëst mam Zil, fir d'Prise de décision an der Europäescher Unioun eenheetlech ze gestal-ten an esou och Mouvements secondaires ze limi-téieren.

Fir allgemeng Kloerheet ze schafen, soen ech nach eng Kéier:

Éischtens, mir hunn deemno d'Prise de décision am Asyl fir Afghanen net gestoppt, a kengem Moment.

Zweetens, als quasi eenzegt Land an der Europä-escher Unioun huet Lëtzebuerg an de leschte Joren keng debutéiert - keng debutéiert! - afghanesch Leit an Afghanistan zrëckgeschéckt - mat enger eenzeger Exceptioun vun engem Mann, dee radika-liséiert war.

Drëtzens, all afghanesch Leit, déi a leschter Instanz debutéiert sinn, kënnen eng nei Demande ma-chen oder natierlech, wa se schaffen, iwwert d'Aar-bechtsrecht hei regulariséiert ginn.

Mir hunn eis domadder eng Approche ginn, déi mënschewierdeg ass an eis international an déi eu-ropäesch Obligatiounen voll a ganz erfüllt. Aller-déngs ënnerläit all eenzelnen Dossier enger Proze-dur, déi och strikt Sécherheetsiwwerpräiwunge be-inhalt. An dat brauch Zäit.

Fir dass d'Gestioun vun der Migratioun geléngt, muss och de Schutz vun eise Baussegrenzen na-tierlech uerdentlech fonctionéieren. An deem Ze-summenhang si mer gespaant op d'Virschléi vun der Kommissioun, déi an den nächste Woche solle presentéiert ginn an de Schenge-Raum stärke sol-len. D'Kommissioun huet awer och d'Ambitioun, fir dass mer an der Migration léigale virukommen. Mir hu schonn eng Propos um Dësch gehat 2015 an ei-ser leschter Présidence, a mir bréngen et einfach net fäerdeg, fir do konkret ze ginn.

Et dierf och net sinn, dass et Pushbacks op ver-schiddene vun den europäesche Baussegrenze gëtt. Un der Grenz vu Polen a Wäissrussland si sou-guer Leit, wéi Der matkritt hutt, erfuer! De Respekt vun de Mënscherechter a vum internationale Recht muss am Zentrum vun allem stoen, wat mir ma-chen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étran-gères et européennes.**- Dozou gehéiert natierlech och, dass Famillje mat Kanner déi lamentabel Kon-ditiounen an de Lagere sollen erspuert bleiwen! Do mussen adequat Strukture geschafe ginn, fir d'Leit opzehuelen, soulaang hir Demande beaarbecht gëtt. Si dierfen net a Strukturen agespaart ginn, déi schlimmer si wéi Prisongen. De Migrationsdrock kann net derzou féieren, dass mer d'Mënscherech-ter an Dealer vun Europa a Klamere setzen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étran-gères et européennes.**- D'Theemen „désarmement“ an „non-prolifération“ sinn a bleiwen zentral, wat d'Sécherheet an Europa an op der Welt ugeet. Duer-fir setzt sech Lëtzebuerg fir d'Erhalen an d'Stärke vun eiser Sécherheetsarchitektur an, zesumme mat eise Partner an deem Beräich. Dat geschitt enger-säits duerch de Respekt, d'Ëmsetzen an d'Fuerde-

rung vun den Traitéen a Konventiounen an deem Beräich, an anerersäits duerch een erneierten a ver-deiften Dialog tëscht deene Staaten, déi diame-tral opposéiert Politicken hunn.

Lëtzebuerg bedeelegt sech aktiv un Initiativen, deenen hiert Zil d'Ofrüstung vu spezifesch Waffe-kategorien ass oder och d'Begrenzung vun een-zelne Rüstungssystemer. Dat geschitt op Basis vu bannenden internationale Verträge, déi Staaten zu konkreten Ziler engagéieren. Dat gëllt natierlech fir konventionell Waffen, mee virun allem fir Masse-vernichtungswaffen.

An deem Kontext gëllt eis besonnesch Opmierk-samkeet dem Vertrag fir d'Netverbreedung vun Nu-klearwaffen - den Traité de non-prolifération, TNP -, dem Vertrag fir de Verbuet vu cheemesche Waffen, biologeschen a géftege Waffe souwéi de multilate-rale Regimier fir Exportkontroll, déi den Handel mat sensibelen Technologien hëllefe reguléieren.

Mir schaffe mat allen europäeschen Initiativen, déi dës Verträge ënnerstëtzen an engagéieren eis aktiv bei de Reunione vun de Memberstaate vun deene Verträge, besonnesch wann e Vertrag op de Leescht geholl gëtt, fir iwwerschafft ze ginn. D'Pandemie huet do zu enger gewëssener Verspéidung am Rhythmus vun de Reunione gefouert, wat net gutt ass am aktuelle Kontext.

Mir preparéieren eis aktiv op d'Review-Konferenz vum TNP, déi hoffentlech fréi d'nächst Joer wäert stattfannen.

Lëtzebuerg setzt sech awer och net nëmme fir de Verbuet oder d'Reguléiere vum Handel mat Waffen an Technologien an, mee ënnerstëtzt och verantwor-tungsvoll a vertrauensschafend Mesuren. Dëst virun allem mat Bléck op den humanitären Impakt vum Waffenhandel an och, well d'Vertrauen d'Basis ass, fir Verifikationsmesuren ze huelen, déi Transparenz garantéiere sollen. An deene Beräicher, wéi iwwerall, ass d'Vertrauen e Grondstee fir all zwëschestaatle-chen Dialog. An dozou wëlle mer bäidroen.

Mir beméien eis iwwerall do, wou mir multilateral schaffen, derfir, dass mateneen an net laanscht-enee geschwat gëtt. Dat ass e fundamentale Prin-zip fir eis, virun allem, wat eis Relatiounen mat Län-ner betrëfft, mat deene mir eis net eens sinn.

Et muss ee sech jo net eens sinn, fir matenener ze schwätzen. Den Dialog bleift déi beschte Méigle-keet, fir sech Kloerheet ze verschafen a fir prezis Messagen ze formuléieren. An där Logik begreisse mer ausdrécklech, dass déi zwou gréissten Nu-klearmuechten - d'USA a Russland - en neie strateegeschen Dialog ufänken. Mir hunn do de Grondprin-zip nees bekräftegt, deen de Reagan an de Gorbatschow viru Joerzénge gesot hunn: „En nukleare Krich kann net gewonne ginn an dierf net gefouert ginn.“ „Nuclear war cannot be won and must never be fought.“

Déi rezent Krisen hunn eis gewisen, dass eng staark klimapolitesch a wirtschaftlech Féierungs-roll vun Europa vun zentraler Wichtigkeet ass. Wä-rend een nach virun e puer Joer geduecht huet, dass mam Opbléie vun den Demokratien uechtert d'Welt mir an eng Phas kéimen, déi dem „Enn vun der Geschichte“ géif gläichen, esou wéi de Francis Fukuyama et nom Fall vun der Berliner Mauer jo ge-sot huet, hu mer rezent Entwécklung gesinn, déi sech grad an de Géigendeel developpéieren a muechtbaséiert Demokratien ubidde wëllen.

Mir si ferm zrëck elo an enger multipolarer Welt. D'EU muss sech un dës nei Realitéit upassen an hir Positioun bannent enger neier globaler Konstella-tioun verstärken. Mir sinn ukomm an enger Ära vun neie regionale Rivalitéiten, an där Grouss-muechten hir Relatioun mateneen nei ausbalancéie-ren.

Ënnert dësen Ëmstänn muss d'Äntwert sinn: méi Europa! Mir brauchen elo en Europa, dat u sech gleeft, en Europa, dat zouversichtlech ass, en Europa, dat Matgefill weise kann, virun allem awer en Europa, dat couragéiert ass. Duerfir musse mer Europa och d'Mëttele ginn, fir als e wichtege Pol an där neier multipolarer Welt opzetrieden an eis Wäerter vu Solidaritéit, vu Mënscherechter a vu Rechtsstaatlechkeet kënnen ze verdeedegen.

Dës Entwécklungen obligéieren eis natierlech och, iwwer eis Opstellung nozedenken an doriwwer, wéi mir eis Positiounen am beschten dobause ver-triede kënnen. Dëst fänkt an der Groussregioun un. An hei hate mer schonns virun der Kris eis nei op-gestallt am Ausseministère an och eis Zesummen-aarbecht mat dem Departement vun der Grouss-regioun vu menger Kolleejin Corinne Cahen ver-deift.

Dat ass eis während der Kris och zeguttkomm. Mir wäerten dës Wee weidergoen a kucken, wéi mer eis nach verbessere kënnen, sief et op eisen Am-bassaden an eisen Nopeschlänner oder duerch de Réseau vun eisen Honorarkonsulen an der Grouss-regioun.

Och an Europa musse mer eis Opstellung reegel-méisseg hannerfroen, fir sécherzestellen, dass mer eis Ressourcen esou gutt wéi méiglech asetzen, fir

eis un nei Realitéite kënnen unzepassen. Aus deem Grond ass och d'Decisioun geholl ginn, fir eng Am-bassade an Irland opzemaachen. Dës permanent Evaluatioun gëtt net nëmmen zesumme mat anere Ministère geholl, mee och am Dialog mat natierlech eise Wirtschaftsacturen.

Déi nei Multipolaritéit, vun där ech geschwat hunn, am internationale Staatesystem, stellt eng nei Rea-litéit duer, an där d'Muechtverhältnissen sech änne-ren. Duerfir brauche mer - ech soen et nach eng Kéier - e staarkt Europa, dat net fäert, sech fir seng Iwwerzeegungen anzesetzen. Dat gëllt un éischter Stell fir eis direkt Noperschaft.

Wann een nämlech iwwert d'Grenze vun der Euro-päescher Unioun eriwuerkuckt, muss ee feststel-len, dass op eisem Kontinent net iwwerall déi sel-wecht Zoustänn herrschen. An der Noperschaft vun der Europäescher Unioun bleift Lëtzebuerg en een-deitegen Ënnerstëtzer vun der Erweiterung vis-à-vis vun de Westbalkanlänner, baséiert op der Erfëllung vun de Kopenhagener Krittären, dat opgrond vun der Promesse vun 2003 un all d'Balkanlänner.

D'Kandidatelänner kënnen de Rhythmus vun de Bäi-trëttsverhandlungen duerch hir eege Reformagenda fixéieren. Wat dës Reforme méi séier ëmgesat ginn, wat e Land méi no un d'Europäesch Unioun kënnt. D'Reegele vum Club si kloer an allgemeng bekannt. Et geet ëm d'Asetze vum EU-Acquis.

Natierlech wäerte mir d'Länner weider encouragéie-ren, déi néideg Reformen ze maachen, déi net ein-fach sinn. Mir bleiwen awer och engagéiert, fir poli-tesch a finanziell Ënnerstëtzung unzebidden, fir dës Prozess ze erliichteren. Trotzdeem muss d'Haaptarbecht vun de Kandidatelänner selwer kommen, esou wéi et bei alle fréieren Erweide-rungsronnen och de Fall war.

Leider sinn d'Fortschrëter a ville Beräicher net esou séier, wéi mer eis dat erhofft haten. A virun allem ass d'Entwécklung am Beräich vun den de-mokratesche Wäerter a verschiddene Länner ent-täuschend. Hei wäerte mir ganz genee drop kucken - vläicht nach méi genee, wéi dat an der Vergaangen-heet de Fall war. Gläichzäitig wäerte mer déi Län-ner och weiderhin ënnerstëtzen an hirem EU-Inte-grationsprozess.

Dëst geschitt am Kader vun eise bilaterale Pro-grammer fir technesch Ënnerstëtzung, mat deene mir de Bäitrittslänner Formatioun an Expertis ubid-den, fir EU-Legislatioun a Standarden ëmzesetzen a Capacitéiten a Schlësselberäicher opzebauen.

Iwwer eis Kontributiounen fir international Finanzins-titutiounen hëllefe mir och am Balkan bei der Ent-wécklung vun de PMEen oder ënnerstëtzen d'Fraen, fir Entreprisen opzebauen.

Mir hunn awer och an de leschte Joren eis bilateral Ënnerstëtzung fir d'Zivillgesellschaft an deene Län-ner ausgebaut, esou wéi och eis Hëllef fir d'Presse-fräiheet an de Schutz vu Minoritéiten. Doriwwer eraus offréiert den Ausseministère eng Rei Stipen-dien u Studenten aus der Regioun fir Studien am EU-Recht.

D'Fortschrëter an de Balkanlänner kommen net esou séier viru wéi gehofft - ech hunn et gesot. Dat huet verschidde Grënn.

Een dovun ass déi tragesch rezent Geschicht a virun allem d'Tatsaach, dass déi Evenementer nach ëmmer vu verschiddene politesche Kreesser mëss-braucht ginn, fir hir Partikularinteressen no vir ze bréngen. Vun enger richteger Reconciliation, esou wéi mir et nom Zweete Weltkrich hei fäerdeg-bruecht hunn, si mer wäit, ganz wäit ewech. De Ko-sovo ass wuel nach net offiziell e Kandidateland, ma déi ugespaante Situatioun laanscht d'kosovare-sch-serbesch Grenz ass e gutt Beispill fir d'Fragili-téit am Balkan.

De Pristina-Belgrad-Dialog trëppelt op der Plaz a riskéiert ëmmer nees, an e Koup ze falen. Och wann en EU-mediéierte Kompromëss den 30. September fonnt gouf, fir d'Spannungen am Norde vum Kosovo ze léisen an enger nohalteger Léisung ze schaf-fen, déi d'Beweegungsfräiheet fir all Mënsch garan-téiert, si weider Moosnamen, fir d'Situatioun um Terrain ze deeskaléieren, noutwendeg. Bëid Parteie musse sech konstruktiv um Dialog bedeelegen, fir séier Fortschrëter ze maachen an zu enger ëm-faassender Normaliséierung vun hire Bezéiungen ze kommen.

Nordmazedonien an Albanien hunn all d'Konditiou-nen erfüllt, fir d'Bäitritttsverhandlungen opzemaachen; ech soen „opzemaachen“. Duerno dauert dat nach vläicht zéng Joer, bis mer zu enger Konklusioun kommen. Mee „opmaachen“! Leider bleift d'A-doptioun vum Verhandlungskader mat Nordmaze-donien nach ëmmer blockéiert, speziell duerch komplex a vu kengem Mënsch richteg verständlech Positiounen vu Bulgarien, déi ze dinn hu mat hirer Geschicht, der Identitéit, der Sprooch vu Mazedo-nien.

Mir müssen aus dëser Sakgaass erauskommen an derfir suergen, dass mer op dësem Thema weider-kommen. Mir dierfen d'Bierger vun Albanien a vun Nordmazedonien net enttäuschen! Mir hunn hinnen

## Le saviez-vous ?

### PÉTITION PUBLIQUE

La pétition publique ne peut être introduite et signée que par le formulaire spécial disponible sur le site Internet de la Chambre des Députés ou par un formulaire sur papier mis à disposition par les services de la Chambre. Elle doit être d'intérêt général et d'intérêt national et respecter les principes d'éthique. Un sujet similaire à celui d'une pétition précédente ne peut être introduit qu'après un délai d'une année.

Pour introduire et aussi pour signer une pétition publique, il faut être âgé d'au moins 15 ans et être inscrit dans le registre national des personnes physiques, disposer donc d'un numéro de matricule. La Commission des Pétitions examine la pétition et émet un avis au sujet de la recevabilité. La Conférence des Présidents décide de sa recevabilité.

Si une pétition électronique atteint ou dépasse le seuil des 4.500 signatures, un débat public est organisé au sein de la Commission des Pétitions et de la commission compétente pour le sujet en question. La réunion est transmise en direct par la chaîne télévisée de la Chambre.

Les pétitions publiques n'ayant pas atteint le seuil des 4.500 signatures peuvent être, sur demande du pétitionnaire, converties en pétition ordinaire.





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

**Supplément commun aux quotidiens :**  
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

**Contenu rédactionnel :**  
Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

**Saisie de texte :**  
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

**Conception et mise en page :**  
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

**Concept et coordination générale :**  
brain&more, agence en communication, Luxembourg

**Imprimeries :**  
Mediahuis Luxembourg SA  
60, rue des Bruyères  
L-1274 Howald

Editpress SA  
Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll  
L-4361 Esch-sur-Alzette

eppes versprach. Mir hunn eppes gefuerdert - si hu geliwwert. Mir mussen och elo wierklech eist Wuert halen.

Dës negativ Auswierkunge vum Netanhale vun eise Versprieche gesi mer an der Destabiliséierung vun enger vun den europafrëndlechste Regierungen um Balkan, nämlech an Nordmazedonien.

D'Situatioun an der Tierkei ass a bleift extreem schwiereg. Mee et däerf een net vergiessen, dass d'Tierkei ëmmerhin nach e wichtegt Land fir d'Europäesch Unioun bleift. Mir mussen an all eisen Echangë mat der Tierkei ënnersträichen, dass d'Mënscherechter an de Rechtsstaat net verhandelbar sinn. Mir setzen eis och derfir an, fir d'Kommunikatiounskanal mat Ankara oprechtzeerhalen, fir d'Méiglecheet ze hunn, positiv op déi tierkesch Regierung kënnen anzewierken.

D'Mënscherechtslag an d'Situatioun vum Rechtsstaat an der Tierkei maachen eis alleguerte grouss Suergen. Et ka keng Rechtfertegung derfir ginn, fir Journalisten, fir Akademiker, fir Oppositionspolitiker mutwëlleg an ouni rechtlech Uklo an ouni faire Prozess anzespären!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - De Mënschrechtsverteigerder Kavala sëtzt elo zënter véier Joer onschëlleg am Prisong, ouni Prozess! D'Tierkei ass Member vum Europarat an ass amgaangen, ëmmer méi wäit vun de Prinzipie vum deem Conseil ewechzekommen. Mir suivéieren d'Situatioun ganz genee a wäerten eis och weiderhin zesumme mat eisen europäesche Partner fir de Respekt vun de Mënscherechter an dem Rechtsstaat vun der Tierkei asetzen, och durch bilateral Projeten, ënner anerem mat Acteuren aus der Zivilgesellschaft.

Lëtzebuerg ass de Moment - ech soen et kloer - net en faveur vun engem EU-Entgéintkommen op Froe wéi Zollunioun oder Visafräiheet, soulaang d'Mënscherechter an deem grouss wichtege Land mat Féiss gerannt ginn.

Nieft der Promotioun vun der Rechtsstaatlechkeet an de Mënscherechter bleift natierlech och d'Stabilitéit an eiser Noperschaft eent vun eisen Hauptziler.

An eiser direkter Ëmgéigend am Südkaukasus - mir wëssen et - war viru Kuerzem e Krich tëschent zwee Länner, déi alle béid Member vun der sougenannten „ëstlecher Partnerschaft“, vum Partenariat oriental vun der Europäescher Unioun, sinn.

Och wann elo Wafferou tëschent Armenien an Aserbaidjan herrscht, esou wësse mer dach awer och, dass d'Situatioun ugespaant bleift. No deem Krich bleift viles opzeschaffen tëschent Armenien an Aserbaidjan. D'Europäesch Unioun kann do eng Hand mat upaken. A mir hoffen, dass d'Tierkei hiren Afloss an der Regioun positiv notze wäert!

Am Belarus huet de Lukaschenko zanter de gefälschte Walen d'lescht Joer op stuer geschalt. D'Diktatur ass hei a voller Bléi. No der Repressioun vun der Oppositioun a sengem eegene Land huet hie sech wéi e Raiber beholl an net gezéckt, e Ryanair-Fluch ëmzedréinen an de regimmkritesche Roman Protassewitsch festzehalen. Während dem Summer huet hien och ugefaangen, Migranten aus Afrika a Syrien an och aus dem Moyen-Orient - vill Kurde sinn do derbäi - virun allem ze instrumentaliséieren, fir EU-Länner a Bedrängnis ze bréngen.

De Lukaschenko spillt mat Mënscheliewen, fir d'Europäesch Unioun ze erpressen. D'EU ënnerstëtzt weiderhin d'Zivilgesellschaft a Wäissrussland, déi net d'accord ass mam Lukaschenko senger rücksichtsloser Politik.

Mir si solidaresch mat deenen EU-Länner, déi ënner Drock gerode sinn a stinn hinnen och bilateral mat konkreter Hëllef bäi. Allerdéngs erwaarde mer och, wéi virdu scho gesot, dass d'Sécherung vun den EU-Baussegrenzen am Respekt vun der EU-Legislatioun an dem internationale Recht geschitt. Déi Zeenen, déi sech an de leschte Wochen op där Grenz ofgespillt hunn, si mënscheveruechtend.

Och an der Ukrain, wou ech dëst Joer zweemol war, ass d'Situatioun net besser gi mat Bléck op d'Krim an d'Donbass-Regioun. Eis ëstlech Noperschaft, déi esou wichteg ass fir eis eege Stabilitéit, ass nach ëmmer an engem ganz fragillen Zoustand. Eng Geleeënheet, fir der Regioun en neien Impuls kënnen ze ginn, wäert sech am Dezember bidden, wa sech déi sechs Länner vun der ëstlecher Partnerschaft mat eis, der Europäescher Unioun, op engem Sommet treffen.

Et ass an eise europäeschen Interêt, dass dës Regioun sech friddlech entfalen an ekonomesch entweckele kann. Natierlech wäert de Lukaschenko do net um Dësch setzen, mee et ass ze hoffen, dass eng Léisung ka fonnt ginn, fir dass Wäissrussland iergendwéi weider an enger Relatioun mat der Europäescher Unioun bleift, weinst de Mënschen a Wäissrussland, déi eppes Besseres verdéngt hunn.

Et ass ze bedauern, Här President, dass mer mat eise gréissten ëstleche Partner, nämlech Russland, nach ëmmer net de Wee fonnt hunn, fir eis Bezéiung op eng aner Schinn ze kréien. Ech bleiwen iwwerzeegt, dass mer a ville Beräicher kéinten zesumme schaffen: Klimaschutz, Terrorismusbekämpfung, Friddensprozess am Moyen-Orient, oder och am Energieberäich. Dofir misste mer awer erëm dat néidegt Vertrauen hierstellen. Leider konnten déi puer Geleeënheeten, déi sech gebueden hunn, net genotzt ginn. D'Zoumaache vun der NATO-Vertriedung vu Russland zu Bréissel ass net hëllefärch. Russland an d'Europäesch Unioun liewe sech ausernaner, an dat ass net gutt.

Mat Nostalgie kucken ech heiansdo zréck, déi lescht 10, 15 Joer, op eng Zäit, wéi d'Partnerschaft nach groussgeschrivwe gouf. Nun, Nostalgie an Aussepolitik verdroe sech net - Aussepolitik a Gedold an Intelligenz schonn. D'Welt däerf net an dësem Joerzéngt vun enger totaler Feindschaft tëschent engersäits Amerika a China an anerersäits enger politescher Aversioun tëschent Europa a Russland anerersäits gedriwwen ginn! Ofgesinn dovun, dass dëst Dynamit ass fir de Weltfridde schlechthin, géife grouss Ziler vun haut - Ziler wéi zum Beispill d'CO<sub>2</sub>-Neutralitéit bis Mëtt vum Joerhonnert - lamentabel scheitern un enger latenter Destabiliséierungsgefor vun all multilateraler Zesummenaarbecht.

D'EU ass kee Weltpolizist, mee d'Geschicht vun Europa am 20. Joerhonnert muss à la fois warnen a weisen, dass och eng ziviliséiert Kultur am Ëmgang matenaner, a souguer Friden, méiglech ass.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Zur Fragilitéit vun eiser Noperschaft am Süde gehéiert derzou, dass mer et mussen hikréien, den tuneesesche President ze iwwerzeegen, fir de Rechtsstaat an déi demokratesch Institutionen a sengem Land nees vollstänneg un d'Rullen ze bréngen.

Déi lescht Entwécklungen hei maachen eis an der Europäescher Unioun grouss Suergen. D'Verfassung kann net per presidentiell Dekreeter geännert ginn. Hei steet d'Demokratie op der Kopp. De Friddensprozess a Libyen ass op engem gudden, mee extreem fragile Wee. An d'Walen, déi am Dezember geplangt sinn, sinn eng wichteg Etapp. A mir mussen mat alle Partner dru schaffen, d'Transitioun am Mali virunzebréngen an d'Autoritéite vum Mali dervun ze iwwerzeegen, dass Europa dee richtige Partner ass an net d'Söldnergruppe vun der Firma Wagner, déi keen internationaalt Recht an och kee Gewësse kennen.

Iwwer eis Noperschaft eraus ass d'Europäesch Unioun e globalen Acteur a Partner. Enn Oktober war ech zu Kigali am Ruanda, wou mer eis als europäesch Ausseministeren am Kader vun der EU-Reunioun mat der Afrikanescher Unioun, mat eisen afrikanesche Partner, ausgetosch hunn. Dëst war erëm eng wichteg Etapp am Virfeld vum Sommet tëscht der Afrikanescher an der Europäescher Unioun, deen d'nächst Joer - dee Sommet - am Februar soll stattfannen.

Dat sinn Houmassen, natierlech, mee et ass wichteg, d'Signal ze ginn, dass Europa Afrika wichteg hält an net just als Ursprong vu Krich, Gewalt, Migratioun an Traficker vun allen Zorten ugesäit.

Afrika ass a bleift e Kontinent vun immens groussen Opportunitéiten a Potenzial, un deem och Europa säin eegenen Interessi weise muss. Grad elo, wou aner global Acteuren hir Presenz an Afrika

verstärken, muss och Europa mat senge Wäerter vertrauede sinn!

Et ass Zäit, dass mer mat Afrika eng nei Partnerschaft opstellen an dëse Kontinent als vollwäertege Partner ugesinn an net nëmmen als Empfänger vun der europäescher Entwicklungspolitik. Afrika ass jo och e politeschen an e wirtschaftlechen Acteur mat enormem Potenzial, besonnesch mat enger dynamescher a jonker Bevëlkerung, déi mer och an hirer Roll musse wouerhuelen.

Leider, mir wëssen dat, ass den afrikanesche Kontinent nach ëmmer mat albekannte Problemer geplot. Un éischter Stell Kricher op ville Plazen, Mënscherechtsverletzungen, humanitär Urgencen. Militärputschen, vun deene mer duechten, dass se eng Saach vun der Vergaangenheet wieren, hunn erëm en Opschwung. Mir hunn dat gesinn am Mali, mir hunn et gesinn am Tschad, a kierzlech an der Guinée an am Sudan.

Viru bal genee engem Joer ass am Norde vun Äthiopien, am Tigray, e brutale Krich ausgebrach, ausgerechent an deem Land, deem säi Premierminister fir säin Asaz fir de Fridde mat dem eritreëeschen Noper 2019 de Friddensnobelpreis kritt huet.

Dës humanitär Kris, déi elo do herrscht, ass erschreckend. Siwe Milliounen Mënsche sinn haut ofhängeg vun humanitärer Hëllef. Et ass akut Hongersnout. De Rapport, deen d'lescht Woch vum Büro vun der Haute-Commissaire fir Mënscherechter, zesumme mat der äthiopischer Mënscherechtskommissioun, publizéiert gouf, huet d'Ausmooss vu mënschlechem Leed am Tigray dokumentéiert. Dëse Rapport ass eng wichteg Etapp, fir déi Schëlleg vu schlëmme Mënscherechtsverletzungen zur Rechenschaft ze zéien!

Bei menger Visitt virun e puer Wochen zu New York beim UNO-Generalsekretär Guterres war leider a sengen Informatiounen keen Optimismus fir den Tigray a fir Äthiopien ze verspiere. Déi lescht Nouvelle si beonrouegend. D'Rebellen aus dem Tigray marschéieren op Addis (ndlr: Addis Abeba), wéi et schéngt, an de Premierminister Abiy huet d'Bevëlkerung opgeruff, sech Waffen ze besuerge, fir d'Hauptstad ze verteidegen.

Dat ass en Zenario, deen absolutt muss verhënnert ginn! Lëtzebuerg, wéi mir all an der Europäescher Unioun, muss sech weiderhin asetzen, fir dass eng definitiv Wafferou antrëtt. Nëmme e politeschen Dialog ka jo zu enger Léisung féieren. An deem Kontext ass ze begrëissen, dass elo an deene leschten zwee Deeg eng méi positiv Dynamik schéngt ze entstoën, ënnert der Leedung vun dem Jeffrey Feltman, dem Representant vun den USA, an der Afrikanescher Unioun hirem Representant, dem fréiere President vun Nigeria Obasanjo.

Äthiopien ass weiderhin e ganz wichtegen Acteur an der ganzer Regioun an och dofir muss onbedéngt eng politesch Léisung hei fonnt ginn.

China ass a bleift e wichtege Partner fir eis. Mee China ass och e Konkurrent, deen eis Wäerter zu engem groussen Deel net deelt. Dat gouf d'lescht Joer nach méi däitlech, wéi d'Europäesch Unioun huet misse Sanktiounen géint Verantwortlecher vu Mënscherechtsverletzungen an Zwangslageren am Xinjiang decidéieren.

China huet doropshi Sanktiounen verhaange géint Membere vum Europaparlament, national Parlament, Akademieker, Fuerschungszentren a Thinktanks a géint EU-Diplomaten. Wéi Der wësst, si jo och dräi Lëtzebuurger durch hir Fonctioun vun dëse Sanktiounen betraff. Déi chineesesch Sanktiounen si bedauerlech an inakzeptabel! A mir hoffen, nees durch den Dialog mat China hei eng Léisung kënnen ze fannen.

D'Europäesch Unioun muss souwuel iwwer eise gemeinsamen Interessi mat China schwätze kënnen wéi och iwwert déi méi schwéier Sujeten, an dozou gehéieren d'Mënscherechter. Eppes ass kloer: D'Europäesch Unioun an och Lëtzebuerg wäerte sech weiderhi fir de Respekt vun de Mënscherechter och am Xinjiang asetzen. Et ass ze hoffen, dass de Prinzip vun der „One-China-Policy“ net a Fro gestallt gëtt durch eng militäresch Interventioun am Taiwan. Dëst géif de Weltfridde mat Sécherheet an eng turbulent Phas stierzen.

Och d'Situatioun zu Hongkong mécht eis ganz vill Suergen. D'Gesetz iwwert déi national Sécherheet schränkt d'Meenungsfräiheet dramatesch an a schaaft e Klima vu permanenter Kontroll.

Mir sichen och weiderhin den Dialog an d'Kooperatioun mat China op Sujete wéi dem Kampf géint d'Pandemie a géint de Klimawandel, wou China eng essenziell Roll ze spillen huet. Dat selwecht géllt och fir d'Gestioun an d'Léisung vu regionale Problemer - zum Beispill am Kontext vun Afghanistan, wou mir versiche mussen, mat China zesummen ze schaffen. Kloer, China an d'Europäesch Unioun hunn e gemeinsamen Interessi fir e stabillen, fir e friddlechen Afghanistan, vun deem keng Gefor kann ausgoen.

An deenen neie Konfrontatiounen, déi mir um internationale Plang musse feststellen, hu sech net nëmmen d'Muechtverhältnisser geännert, mee och d'Mëtten, mat deene versicht gëtt, de Géigner ze destabiliséieren. An dësem Zesummenhang gëtt de Cyberspace opgrond vu senger natierlecher Multipolaritéit als Konfliktraum ëmmer méi relevant.

Am Laf vun de Joren huet de Cyberspace sech net nëmmen als e fräien Informatiounsraum erweisen, deen d'Zensur neutraliséieren kann an d'Meenungsfräiheet iwwerall op der Welt erméiglecht. Verschidden Acteuren hu verstanen, dass dës absolutt Fräiheet an Oppenheet vum Cyberspace fir d'Ëmsetze vu geopolitischen Ziler am Sënn vun Desinformatioun, vu Spionage a vu Sabotage mëssbraucht kënnen ginn.

Beonrouegend ass, dass mat geréngem Opwand an zu engem niddrege Präis Informatiounen ganz einfach zu enger Waff ëmgemodellt kënnen ginn, mat enorme Konsequenze fir eise politesche System an eis oppe Gesellschaft. Dës hybrid a Cybermethoden zilen drop of, den demokratesche Prozess ze sabotéieren an eist soziaalt Matenee durch d'Verbreede vu Cyberlügen ze destabiliséieren an ze vergëften. Si notzen d'Oppenheet vun eiser Gesellschaft ënnert dem Deckmantel vun der Meenungsfräiheet aus, wéi mer et zum Beispill bei de Walen an den USA 2016 gesinn hunn oder, méi rezent, am Kontext vun der Impfung géint de Covid. Hei däerfe mer net naiv sinn. D'Cyberattacke viséieren och regelméisseg Infrastrukture vun eise westleche Länner. Esou hybrid a Cybermethode bleiwen an enger Grozon. An duerfir ass et besonnesch schwéier, esou Attacken ofzewieren an eis Wäerter a Prinzipien am Cyberspace ze verteidegen. Duerfir musse mer eis derfir asetzen, dass internationaalt Recht och am Cyberspace géllt a vun alle Staate respektéiert gëtt. Während der Pandemie, wéi mer nach méi wéi soss op Internet an eng weltwäit virtuell Kommunikatioun ouni Grenzen ugewise waren, ass eis jo verstärkt bewosst ginn, wéi wäertvoll e fräien an demokratesche Cyberspace ass.

Trotz der Pandemie hu mir keng Efforte gescheit, eis Wirtschaft an där ganzer Welt ze promouvéieren. Eist Netzwierk vun Ambassaden, vu Konsulater, Bureaue fir Handel an Investitiounen, Här President, stoung an dëser Zäit méi jee am Dëngscht vun eise Bierger an Entreprises, déi oft gezwonge waren, hir international Aktivitéiten op Distanz ze geréieren. Do hunn eis Leit op der Plaz oft kënnen zolidd eng Hand mat upaken a wichteg Dossiere weiderdreien.

D'Connectivitéit tëschent Europa an Asie gëtt ëmmer méi wichteg a gëtt durch déi nei Strategie vun der EU fir den Indopazifik verstärkt. Eisen diplomatesche Reseau an Asien hëlleft eisen Entreprises, méi enk Kontakter op dësem Maart ze knäpen. Esou fërdere mer weider eis wirtschaftlech Bezéiungen op etabléierte Marché wéi China, Japan, Südkorea. Wéi dëst Joer anoncéiert, wäert Lëtzebuerg och mat engem Pavillon op der Expo 2025 zu Osaka derbäi sinn. Dat ass e wichtegt Signal, mengen ech, a stäerkt eis laangjäreg Partnerschaft a Frëndschaft mat Japan.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Zur selwechter Zäit siche mer permanent no neien Opportunitéite fir eis Entreprises an opstrieuende Mäert wéi zum Beispill an den ASEAN-Länner. D'nächst Joer wäerte mer och erëm eisen traditionellen ASEAN Day zu Lëtzebuerg organiséieren.

D'Pandemie huet och heiansdo gehollef, eise Betriber Accès op nei Marchéen ze verschafen. Esou konnt, wéi Der all wësst, zum Beispill d'B Medical Systems vun Housen, déi speziell Frigoe fir de medezinnesche Beräich produzéiert, mat der Ënnerstëtzung vun der Regierung a vun eiser Ambassade zu Delhi, a Rekordzäit - a Rekordzäit! - eng Fabrick an Indien op d'Bee stellen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Vun do aus produzéiere se elo hir Frigoe fir Impfstoff fir den indeschen a fir de regionale Marché. E riseg Marché! De Kader fir eis wirtschaftlech Bezéiunge mat Indie konnt och iwwert dat lescht Joer durch eng Rei Ofkommessen tëscht eise Regulateuren, Bourssen a Promotiounsagencen erweidert ginn.

Iwwregens ass dat déi nammlecht Firma, wéi Der wësst, déi d'Frigoe produzéiert, vun deene jo gëschter eng ganz Rei ënnert dem Lead vun Kooperatiounsminister a vum Defenseminister mam A400M an de Burkina Faso geschéckt gi sinn, fir do kënnen Impfungen an deem Land logisteschem och méiglech ze maachen.

D'politesch Stabilitéit a Sécherheet, déi mir an Europa genéissen, erfuerdert allerdéngs méi wéi Zesummenaarbecht mat eise Partner an Alliierten an den Dialog mat eise Konkurrenten. Eis Sécherheet hängt och dervunner of, ob mir als EU an der Lag sinn, aktiounsfäeg ze sinn an e Wuert matzeschwätzen. Schliisslech geet et ëm eise Kontinent.





An do kënnen mer eis et net erluben, dass d'Diskussionen iwwer eis Käpp ewech gefouert ginn.

Lëtzebuerg wäert also weider derfir schaffen, dass mer an enger polarisierter Welt mat eise Partner mat enger Stëmm schwätzen. Mir mussen als Europäesch Unioun eng Sécherheitslag matgestalten, déi op eise Wäerter opbaut an déi d'Weiche fir e friddlechen tëschestaatlechen Émgang stellt.

Duerfir implizéiere mer eis mat allen Europäer ganz staark fir d'Aarbechte bei der Europäescher Unioun, fir eng „boussole stratégique“ vun der Union européenne auszeschaffen. Dee Kompass, deen d'nächst Joer am Mäerz soll ugeholl ginn, gëtt der Europäescher Unioun Orientéierung an enger multipolarer Welt, déi mer nun eeben hunn. Mir mussen eis un déi nei Multipolaritéit upassen an der Europäescher Unioun hir Roll stäerken.

Och hei an der Aussepolitik an an der Verteidigungspolitik ass d'Äntwert: méi Europa. An en Europa, dat u sech gleeft, amplat en Europa, dat sech dauernd a Fro stellt!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- De strateegesche Kompass wäert keng Äntwert op all d'Situatiounen sinn. Mee en hëlleft eis, innerhalb vun der Europäescher Unioun eis eens ze ginn iwwert d'Erausforderungen an d'Geforen, déi sech fir d'Europäesch Unioun stellen, an iwwert d'Mëttelen an d'Instrumenter, déi mir hunn, fir dorop kënnen ze reagieren.

Mir mussen ophalen, bei all Kris d'Rad nei ze erfannen an ëmmer fir d'éischt e bësse fäertereg Richtung NATO an USA ze kucken. D'NATO bleift selbstverständlech de Grondstee vun eiser kollektiver Verteidigung. A Lëtzebuerg ass en engagierten Alliierten, dee Kontributiounen mécht bei der NATO, déi der NATO an och den Alliierte vill bréngen, zum Beispill am Beräich vum Weltraum.

Mee d'NATO ass eng regional Verdeedegungsallianz an huet bei Wäitem manner Instrumenter, fir op international Krisen ze reagieren, wéi d'Europäesch Unioun. D'Europäesch Unioun huet Instrumenter an der Handelspolitik, an der Sanktionspolitik, an der Entwécklungspolitik. D'EU huet e Réseau vun EU-Delegatiounen uechtert d'Welt. D'EU huet Relatiounen mat alle Länner. D'EU huet Programmer fir ze handeln an ze hëllefen, vum Klimaschutz bis zu den Impfstoffliwwerungen. D'EU kann a muss op hiren eegene Féiss stoen, wat d'Sécherheet an d'Verteidigung ugeet. Ech sinn déi Diskussioun iwwert d'Komplementaritéit tëschent NATO an EU e bësse midd. Ech héieren dat elo bal 18 Joer. Natierlech ass alles, wat d'EU am Beräich Verdeedegung mécht, komplementär zu der NATO. Mir hu jo keng duebel Budgeten. A keent vun deenen 21 Memberlänner, déi och NATO-Member sinn, géif sech et dach leeschte kënnen, op deenen zwou Säite Saachen ze maachen, déi net komplett kompatibel wieren. Mir si jo net schizophreen, géif ech mengen. Wat mir zu 27 an der Europäescher Unioun besser opgestallt sinn, wat eis Systemer méi interoperabel sinn, wat et der NATO och besser geet. Et

ass och evident, dass eng europäesch Defense mat sech bréngt, dass mir an Europa och europäesch akafen an dass mer europäesch Equipementer entwéckelen.

D'selwecht wéi d'Coronapandemie huet den Afghanistan eis gewisen, dass mir als international Gemeinschaft ni komplett preparéiert sinn op déi grouss Krisen, mat deene mer mussen eens ginn. Ech sinn dervun iwwerzeegt, dass all Effort, fir d'Europäesch Unioun méi selbstänneg am Beräich vun der Sécherheet ze maachen, eis kollektiv méi resilient fir déi nächst Kris mécht an eis Partnerschaft iwwert den Atlantik ewech stäerkt. D'USA brauchen e staarkt Europa, dat gutt organiséiert ass an dat sech och kann ëm sech selwer këmmen.

„America is back“, huet de President Biden deklaréiert, wéi en déi éischte Kéier als neien US-Präsident mat den Alliierte geschwat huet um Sommet vun der NATO am Juni dëst Joer. Et ass wouer, dass zënter dem 20. Januar nei Téin aus dem Wäissen Haus kommen. An et ass och berouegend, dass mer d'Period Trump, mat hire permanenten Iwwerraschungen am negative Sënn, hannert eis hunn. D'USA sinn erëm e vertrauenswuerdege Partner fir d'Europäesch Unioun a fir déi ganz international Gemeinschaft, géif ech soen. D'USA sinn nees previsibel an hirer internationaler Politik.

Beonrougend bleift natierlech déi grouss Influenz, déi den Trump nach ëmmer op d'Republikanesch Partei huet, trotz dem Desaster vum Stuerm op de Kapitoul de 6. Januar vun dësem Joer. E reegelerchten Ugrëff op d'Demokratie ass, wéi Der wësst, a ville vun de republikanesch kontrolléierte Staaten amgaangen, fir eng massiv Behënnerung vun der Brëfwal duerchzesetzen, grad ewéi méi restriktiv a komplizéiert Wielerregistréierungen, fir d'Zuel vun de Wieler anzeschränken, eng Schan eigentlech fir d'US-Demokratie, mee eng latent Gefor fir 2024.

„America is back“ geet awer net duer. Et muss een iwwer esou Deklaratiounen erauskucken an analyséieren, wat dat genee heescht. No knapps zéng Méint ass de Fazit gemëscht. D'USA sinn e wichtige Partner vun der Europäescher Unioun, mee dat heescht net, dass all d'Problemer geléist sinn. Dat géllt och fir d'Handelsrelatiounen, an deenen nach e puer schwierig Kapitelen opstinn.

Am Beräich vum Stol a vum Aluminium gouf et virun e puer Deeg awer gutt Nouvelles. D'Europäesch Unioun an d'USA si sech eens ginn, un engem méi breeden Accord ze schaffen an an der Tëschenzäit den Import vun europäeschem Stol an Aluminium nees ouni Tariffer ze erluben an de Quantitéit vu virun der Ära Trump.

Domat kann dann d'Europäesch Unioun och hir Kontertariffer - Dir wësst dat, amerikanesch Produkter wéi Whisky, Harley-Davidson - dann och en suspens halen. Den éischten „Trade and Technology“-Conseil tëschent den USA an der EU zu Pittsburgh am September war och eng wichteg Etapp. An deenen nächste Wochen a Méint muss an der transatlantescher Beziéung weider Vertrauen opgebaut

ginn, fir den onkoordinierten Ofzuch aus Afghanistan an déi iwwerraschend Annonce vum AUKUS-Partenariat ze verschaffen.

Ech wëll lech nach zwee aner Beispiller gi fir ofzeschlëssen, déi engersäits d'Valeur vun der europäescher Diplomatie ënnersträichen an anerersäits illustréieren, wat geschitt, wa mir näischt oder net genuch maachen.

Éischtens, op där enger Säit hu mir en Nuklearofkommen mam Iran, wat 2015 jo ënnerschrifwe gouf a wat bis haut eng vun de gréissten Errungeschafte vun der europäescher Diplomatie ass. 2017 kounn dunn een, dee gemengt huet, e misst den Accord futtischloen. Dat war him awer trotz gréisstem Effort net gelongen. Firwat? Ma well d'Europäesch Unioun zesummegehal huet a gesot huet: „Nee, mir halen un eise Ofkommen fest a mir loosse eis net vum Wee vun der Diplomatie a vun der Zesummenaarbecht ofbréngen.“

Elo musse mer alles drusetzen, de sougenannte JC-POA nees op d'Schinnen ze setzen. D'EU huet méintelaang Verhandlungen zu Wien koordinéiert, fir dass d'Amerikaner hir Sanktiounen faleloossen an nees zum Accord zeréckfannen a fir dass den Iran am Géigenzuch déi nukleär Restriktiounen nees respektéiert.

Zanter der Wal vum neien iranische President Raisi leien d'Gesprécher op Äis. Wéi ech deen neien iranischen Ausseminister op seng Demande am September zu New York och begéint hu bei der UNO, hunn ech him ganz kloer och gesot: „Et ass elo fënné vir zwielef. Dir musst onbedéngt, esou menge mir dat an der Europäescher Unioun ganz eescht, nees zréck op Wien un de Verhandlungsdëscht.“

Den 29. November ginn d'Verhandlungen zu Wien endlech nees ugekuerbelt. Et ass am Interesse vun den USA a vum Iran, dëse Prozess esou séier op en Enn ze bréngen wéi méiglech.

Ech wëll och bei dëser Geleeënheet ënnersträichen, dass mir op kee Fall als Lëtzebuerger Regierung an als zoustänneg Minister d'Aen zoumaache vum Iran senger destruktiver regionaler Politik an och net virun der brutaler Repressioun a virun de Mënscherechtsverletzungen, ënnert deene reliéis Minoritéiten, wéi zum Beispill d'Bahaien, ganz staark leiden. Dës Repressioun muss endlech ophalen! Och dat hunn ech dem iranischen Ausseminister an aller Däitlechkeet gesot. An duerfir wäerte Lëtzebuerg an d'Europäesch Unioun sech och weider asetzen.

Zweetens, wouhin et féiere kann, wann d'Europäesch Unioun an allgemeng d'international Communautéit sech net genuch asetzen, dat huet dëst Joer erëm de Gaza bewisen. Soulaang mer net déi fundamental Wuerzele vum Konflikt tëschent Israel an de Palästinenser upaken, soulaang wäerten d'Leit an der Regioun an engem Däiwelskrees vun Haass, vu Gewalt, vun Zerstéierung gefaange bliwen.

Loosst mech drun erënneren: Dat hei ass net deen éischte Gazakrich gewiescht am leschte Fréijoer. Et ass dee véierte schonn zënter 2008. A wann

näischt Fundamentales ännert, wäert doudsécher och dee fënnéfte kommen.

Am Westjordanland an zu Ostjerusalem gëtt d'Zweestaateléisung schonn zanter Jore systematesch vun der israelischer Regierung futtigemaach. Wann Israel ouni Beweis palästinensesch ONGen als Terrororganisationen klasséiert, dann ass dat näischt anescht wéi e weidere Schrëtt an dës Richtung.

Mee wa mer dësen Trend nees wëllen ëmdréien, mussen natierlech och d'Palästinenser hire Stot an d'Rei bréngen. Dat sot ech och dem Premierminister vun der palästinensescher Autoritéit, déi rezent jo bei eis op Besuch war. An et kann net sinn, dass se éiweg zerstridde bliwen an dass déi jonk Leit, jonk Palästinenser, net kënnen e Wuert matschwätzen, well et keng Wale gëtt. Geschwënn ass et ze spët. Da gëtt et kee Wee méi zréck. Da gëtt et keng Zweestaateléisung méi.


Mee wat ass d'Alternativ zu der Zweestaateléisung? Een eenzege Staat mat éiwegem Konflikt a systematescher Ongläichheet? Dat ka jo och net d'Äntwert sinn. Esou e Staat wier och keng nohaltteg Léisung fir Israel, wann et sech wëllt a Fridden an a Sécherheet a senger Regioun entwéckelen.

D'EU muss endlech de sougenannte Friddensprozess am Noen Osten nees ganz uewen op d'Lëscht vun de Prioritéiten setzen an notamment drop insistéieren, dass Israel d'Accorde vun Oslo, déi jo an den 90er-Joren ënnerschrifwe gi si vun hinne selwer, och endlech nees applizéiert. Mir hunn eng historesch Verantwortung vis-à-vis vun Israel a vu Palästina. A mir si Frënn souwuel vun Israel wéi vu Palästina. Et geet net drëm, fir fir déi eng a géint déi aner ze sinn. Et geet ëm d'Recht op Selbstbestëmmung. Et geet drëm, dass d'Völkerrecht respektéiert gëtt, dass Mënscherechter respektéiert ginn, dass sech nees un dat gehale gëtt, wat een ënnerschrifwen huet, dass all d'Leit, déi tëschent dem Jordan an dem Mëttelmier wunnen, a Fridden, a Sécherheet an a Dignitéit liewe kënnen, net méi, awer och net manner!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Pandemie huet eis enk zesummege-schweesst. Villen ass kloer ginn, dass Krise vun deem Ausmooss net eleng ze meeschtere sinn. D'Pandemie huet eis bewisen, wéi wichteg déi europäesch Solidaritéit ass, wéi grouss d'Plus-value vun der Unioun ass, wann een am Geescht vun der Solidaritéit zesummeschafft.

Mee d'Covid-19-Kris war an ass eng Zäit, déi där jonker Generatioun, mengen ech, am meeschten ofverlaangt huet. Déi Jonk waren dacks op sech eleng gestallt. Keen normale Studium, keng Méiglechkeet fir ze reesen, keng sozial Evenementer ënner Frënn ware méiglech. D'Zukunft gehéiert awer der Jugend. Duerfir ass et elo ëmsou méi wichteg, fir déi jonk Leit an de Mëttelpunkt ze stellen, hinnen ze weisen, dass mer hir Suergen an Ängschten eescht huelen; evitéieren, dass et zu engem Generatiounskonflikt kënnt.



CHAMBRE  
DES DÉPUTÉS

d'Chamber live op  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**

- L'actualité parlementaire sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les pétitions, les émissions « Chamber aktuell » et les vidéos des séances publiques sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- La Chambre et les jeunes : si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu), avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse ? Consultez le site de la Chambre [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- Comment est créée la loi ? Toutes les explications en texte et en images sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui : retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages « organisation et fonctionnement » de la Chambre des Députés.





„D’Zukunft läit an Ären Hänn“ - dëst ass jo de Motto, wéi Der wësst, vun der Konferenz iwwert d’Zukunft vun Europa. D’Konferenz bitt de Bierger a ganz Europa d’Geleeënheet, sech iwwert hir Erwaardungen un d’Europäesch Unioun auszedeckchen. Nei Iddien a Virschléi kënnen zesumme mat de Bierger entwéckelt ginn. D’Unioun méi no un de Bierger bréngen, dëst ass och den Usproch, an derzou bäizdroen, déi demokratesch Legitimitéit vun eiser Unioun ze stäerken.

Natierlech ass d’Konferenz och eng Geleeënheet, sech mat den negativen Tendenzen a Kriticke vun der Unioun ausernanerzesetzen a gemeinsam derzou bäizdroen, d’Unioun ze stäerken a besser op zukünfteg Eerausfuerderunge virzebereeden. Et kann d’Bierger deemno just encouragéieren, sech aktiv un dësem Prozess ze bedeelegen. Besonnesch den Ängschten an den Hoffnungen vun der Jugend solle mer an dësem Prozess nolauschteren. An deem Sënn hunn ech mech och schonn am Fréijoer, zesumme mat engem däitsche Staatssekretär, dem Michael Roth, mat jonke Leit aus Däitschland an aus Frankräich an aus Lëtzebuerger Lycéeën ënnerhalen.

Fir en éierlechen a konstruktiven Austausch kënnen ze erméiglechen a méiglechst vill Leit ze erreechen, erfuerdert dës Debatt awer e kollektiven Effort vun allen Acteuren. Duerfir freet et mech ëmsou méi, dass och d’Chamber eng ganz Rëtsch interessant Formater op d’Bee gestallt huet, wéi de President vun der aussepolitescher Kommissioun scho gesot huet, fir zesumme mat de Bierger iwwert d’Zukunft vun Europa ze dialogéieren.

Loosst eis de Konklusioun vum der Konferenz awer net vu vireran virgräifen a scho vun institutionelle Changementer schwätzen. Mäin Androck ass éischer deen, dass mer eis méi Gedanken ëm déi alldeeglech Suerge vun de Bierger maache sollten, ëm d’Ekonomie, d’Aarbecht, de Klima an dat Soziaalt, amplaz iwwer Entscheedungsgremien a Personal-froen ze diskutéieren.

Duerfir loosst eis fir d’éischt lauschteren, wat d’Suergen an d’Iddie vun de Bierger sinn. Am Fréijoer 2022, also d’nächst Joer, ginn dann ënner franséischer Présidence d’Konklusiounen presentéiert.

D’Konferenz iwwert d’Zukunft vun Europa gouf op engem 9. Mee offiziell lancéiert. 71 Joer éischer, 1950, och op engem 9. Mee, leet jo de Robert Schuman sengersäits de Grondstee fir ons europäesch Konstruktioun.

D’Kreatioun vun der europäescher Communautéit fir Kuel a Stol, kuerz CECA, den 18. Abrëll 1951 setzt den Ufank vun engem Projet vu Fridden a Kohäsioun, getrei dem Motto „Eenegkeet mécht staark!“, déi d’Prosperitéit vun Europa zënter méi wéi 70 Joer ofséchert.

D’Exekutiv vun der CECA, déi héich Autoritéit, huet hir éischt Versammlungen, mir wëssen dat, den 10. August 1952 hei zu Lëtzebuerg ofgehalen. 2022 sinn dat 70 Joer Presenz vun der europäescher Exekutiv zu Lëtzebuerg, 70 Joer konkret europäesch Integratioun, un där Lëtzebuerg op enger ganz viischer Plaz konnt matschaffen a matgestalten.

Dës historesch Roll an de Baiträg vu Lëtzebuerg zur europäescher Integratioun spigelt sech an eiser engagierter an aktiver Sätzpolitik erëm. Ech hu schonn ufangs vun dëser Ried ënnerstrach, wéi wichteg d’Verdeedegung vun der Rechtsstaatlechkeet och innerhalb vun der Europäescher Unioun ass.

Hei huet och den Europäesche Parquet mat Sätz zu Lëtzebuerg eng essenziell Roll ze spillen. Zënter dem 1. Juni 2021 an der Opnam vu senger operationeller Aarbecht huet den Europäesche Parquet bis Mëtt September schonn eng 300 Enquête lancéiert. Et geet hei ëm e potenzielle Gesamtschued fir de Budget vun der Europäescher Unioun vu ronn 4,5 Milliarden Euro. Et ass duerfir wichteg ze ënnersträichen, dass déi 130 Posten, dorënner och ganz vill héich spezialiséiert Juristen, Finanzexperten, Informatiker, déi um Europäesche Parquet fir 2021 fir de Sätz zu Lëtzebuerg accordéiert gi sinn, alleguer scho gesat sinn. Weinst der grousser Aarbechtslaascht vum Parquet huet d’Kommissioun dann och virgeschloen, fir den Europäesche Parquet 2022 mat 118 weidere Posten ze stäerken. Dat kann d’Regierung nëmme voll a ganz ënnerstëtzen. An dräi zousätzlech Stäck op der Tour B, dem Sätz vum Europäesche Parquet um Kierchbierg, sinn iwwregens schonns dëser Deeg fäerdeggestallt ginn.

D’Joer 2021 huet och nach aner positiv Entwécklungen am Justizberäich bruecht. D’Jurisdiction unifié du brevet steet ewell no etleche Retarden, ënner anerem weinst dem Brexit, kuerz virum Akraaftfieden. Lëtzebuerg schafft hei zënter 2013 aktiv mat un de Virbereedunge fir dëst neit Geriicht, dat kompetent wäert si fir dat eenheetlecht Europäesch Patent.

D’Cour d’appel an de Greffe vun der JUB - also mat „B“ hannen - wäerten hei zu Lëtzebuerg sinn.

(Hilarité)

D’Büroen am Nouvel Hémicycle si scho prett. Nieft dem Europäesche Parquet wäert och dëst neit Geriicht de Status vu Lëtzebuerg als Kompetenzzentrum vun der Europäescher Justiz nach weider stäerken. Donieft schaffe mer och drun, fir Lëtzebuerg als Sätz vun den Europäesche Finanzinstitutiounen weider auszebauen an ënner anerem Synergien am Kader vun neie Finanzinstrumenter, déi der Kommissioun zur Verfügung stinn, mat Organer wéi

der Europäescher Investitiounsbank, dem Europäesche Stabilitéitsmechanismus, ESM, ze fërderen.

Mir schaffen och aktiv mam ESM zesummen, wat de Bau vun hirem neien, méi grouss Gebai um Kierchbierg ugeet. Et ass ee wichtige Schrëtt a reflektéiert net nëmme déi kompetent Erweiterung vun de Kompetenze vum ESM, mee och d’Bekanntnis zum Standuert Lëtzebuerg.

An deem Kontext loosst mech och all deenen anere Ministären an Administratiounen, besonnesch dem Finanzministère an der Administration des bâtiments publics, Merci soe fir hir Kooperatioun an hiren Asaz, wat eis Lëtzebuerger Politik ugeet.

Wat den drëtten grouss Beräich, den digitale Beräich, ugeet, sou konnt ech am Mee dëst Joer, zesumme mam Här Fayot, Ekonomiesminister, a mam Kommissär Breton, déi Gemeinsam Entreprise fir den Europäeschen Héichleeschtungsrechner, also dat heescht EuroHPC, déi hire Sätz hei zu Lëtzebuerg huet, aweien. An och do steet schonn eng Erweiterung an d’Haus.

Am September gouf mat Lëtzebuerger Ënnerstëtzung d’Mandat vum EuroHPC ausgebreit, fir ënner anerem déi villversprechend Quanteberechnung anzuschléissen. An deem Kontext huet EuroHPC och eng bedeitend Hausse vun hirem Personal accordéiert kritt, vun haut 15 soll dat 2022 op 47 Leit eropgoen an 2023 nach weider bis op 57 Posten.

Eng aner gutt Nouvelle am digitale Beräich ass, dass nieft enger ganzer Rëtsch vun europäeschen an internationalen Institutiounen wéi dem Europäesche Parquet, der Europäescher Investitiounsbank, der Europäescher Kommissioun, der NSPA - also d’NATO Support and Procurement Agency, freier NAMSA genannt -, an dem Europäesche Patentamt, déi sech alleguer fir e Lëtzebuerger Tier IV-Datenzentrum entscheet hunn, Monaco decidéiert huet, eng „Ambassade des données“ zu Lëtzebuerg ze etabléieren. No Estland ass Monaco deen zweete Staat, dee Lëtzebuerg seng Donnéeën uvertraut.

Nieft dësen dräi grouss Beräicher - Justiz, Finanzen an Digitales - schafft d’Regierung aktiv drun, fir nei Strukturen an anere Beräicher ze identifizéieren, déi sech hei am Grand-Duché usidele kéinten oder wou ee sech verstärkt Synergien mat presenten europäeschen an nationale Servicer kéint virstellen.

Ech kommen hei muer nach op déi spezifesch Geschicht am Gesondheetssecteur zrëck am Kader vun der Question élargie vun der Madamm Viviane Reding.

Dir gesitt, et geschitt esou munches a Saache Standuert Lëtzebuerg. An d’Regierung wäert déi Ustrengungen och konsequent weiderféieren, dat

och zesumme mat den internationalen an europäeschen Institutiounen zu Lëtzebuerg.

Här President, d’Pandemie huet eis alleguer fun-damental gerëselt. Et war eng schwéier Zäit. Ma lues a lues gesi mer, hoffen ech op jidde Fall, Luucht um Enn vum Tunnel. Dës Ried konnt nees hei an der Chamber gehale ginn. Dat ass vläicht en Zeechen, dass et geschwé besser geet. Et konnt een an deene leschte Méint verdrësslech gi weinst deem sëllege Leed, wat dësse Virus iwwert d’Welt bruecht huet, weinst all deene sëllegen Aschränkungen, well viles méi lues gaangen ass, well vill wichteg Evenementer hu misste verschubst oder ofgesot ginn oder well se just virtuell konnten oflafen.

D’Videokonferenz sinn e gudden Noutstopp - ech soen Noutstopp -, mee se si keen Ersatz fir dat richtegt Handwierk vun der Aussepolitik. De mënschleche Kontakt, den direkten Austausch, d’Andréck op der Plaz sinn enorm wichteg. Mir huelen awer och e puer vun deenen neie Gewunnechten aus der Pandemie mat eriwuer an déi nächste Phas.

Mir hu geléiert, méi onkomplizéiert digital ze kommunizéieren. Dat huet et zum Beispill méiglech gemaach, dass mir eis op en etleche Plazen och lokal konnte méi aktiv abréngen, do, wou mer keng Ambassade hunn, a fir e klengen diplomatesche Réseau wéi eisen ass dat ganz, ganz wäertvoll a mir wëllen dat bäibehalen.

Mir hunn allegueren en neie Sënn duerfen entwéckelen, wat wichteg ass a wat Bestand kann hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et och 2020/2021 fäerdegbruecht, Aussen- an Europapolitik, och mat Ärer Hëllef vun der Chamber, am Dëngscht vun de Bierger zu Lëtzebuerg an am Dëngscht vun dem europäeschen an eise multilateralen Ideal vun Integratioun an Zesummenaarbecht ze maachen. Lëtzebuerg wäert och weiderhi fir seng Interessen, fir seng Wäerter, seng Iwwerzeugung op internationalem Niveau antrieden. An elo freeën ech mech op den Debat vu muer, op dat nächste Joer an op d’Normalitéit vum Schaffen a vum Liewen am nächste Joer. A merci fir d’Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Här Ausseminister Jean Asselborn. Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Ausseminister. Muer de Mëtteg féiert d’Chamber eng Debatt iwwert d’Aussen- an Europapolitik.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D’Chamber kënt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D’Sitzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 16.19 heures.)

Sommaire des séances publiques n°s 5, 6, 7, 8 et 9

|                                                                                                                                                                                                                                                         |          |
|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|----------|
| <b>5<sup>e</sup> séance</b>                                                                                                                                                                                                                             |          |
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                                                    | p. 49    |
| Communications .....                                                                                                                                                                                                                                    | p. 49    |
| Ordre du jour .....                                                                                                                                                                                                                                     | p. 49    |
| 7897 - Projet de loi portant modification :                                                                                                                                                                                                             |          |
| 1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;                                                                                                                                                         |          |
| 2° de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ;                                                                                                                                      |          |
| 3° de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail..... | p. 49-61 |
| <b>6<sup>e</sup> séance</b>                                                                                                                                                                                                                             |          |
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                                                    | p. 61    |
| Octroi de titres honorifiques à d'anciens fonctionnaires de l'Administration parlementaire.....                                                                                                                                                         | p. 61    |
| Ordre du jour .....                                                                                                                                                                                                                                     | p. 61    |
| Heure d'actualité de la sensibilité politique Piraten au sujet du scandale d'espionnage Pegasus .....                                                                                                                                                   | p. 61-66 |
| Heure de questions au Gouvernement .....                                                                                                                                                                                                                | p. 66-68 |
| - Question n° 245 du 19 octobre 2021 de M. Marc Spautz relative à l'impact et les effets de la pénurie de matériaux et de main d'œuvre dans le domaine de la construction, adressée à M. le Ministre des Classes moyennes .....                         | p. 66    |
| - Question n° 246 du 19 octobre 2021 de M. André Bauler relative à l'évolution des aides octroyées aux acteurs du secteur culturel pendant la pandémie, adressée à Mme la Ministre de la Culture .....                                                  | p. 66    |
| - Question n° 247 du 18 octobre 2021 de Mme Nathalie Oberweis relative au remboursement de la psychothérapie, adressée à Mme la Ministre de la Santé et à M. le Ministre de la Sécurité sociale .....                                                   | p. 66-67 |
| - Question n° 248 du 19 octobre 2021 de M. François Benoy relative au plan stratégique national dans le cadre de la nouvelle PAC, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural .....                         | p. 67    |
| - Question n° 249 du 18 octobre 2021 de M. Sven Clement relative au délai d'inscription pour un examen médico-sportif, adressée à M. le Ministre des Sports .....                                                                                       | p. 67-68 |
| <b>7<sup>e</sup> séance</b>                                                                                                                                                                                                                             |          |
| <i>Édition spéciale sur la proposition de révision de la Constitution n° 7575 concernant la Justice, cf. Annexe au compte rendu des séances publiques n° 15 de la session ordinaire 2020-2021</i>                                                       |          |
| <b>8<sup>e</sup> séance</b>                                                                                                                                                                                                                             |          |
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                                                    | p. 77    |
| Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet de l'avenir du centre thérapeutique « Syrdall Schloss » .....                                                                                                                           | p. 77-80 |
| Dépôt d'une motion par M. Jeff Engelen.....                                                                                                                                                                                                             | p. 80-81 |
| Interpellation de M. Gusty Graas au sujet de la réduction des risques d'inondations.....                                                                                                                                                                | p. 81-90 |
| 7775 - Projet de loi portant modification :                                                                                                                                                                                                             |          |
| 1° de la loi modifiée du 2 septembre 2011 portant réorganisation de la Chambre des Métiers et modifiant la loi du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce ;                                                                    |          |
| 2° de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base électorale ;                                                                                                                                                 |          |
| 3° de la loi modifiée du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce .....                                                                                                                                                         | p. 90-92 |
| Motion de M. Jeff Engelen relative aux mesures sanitaires en vigueur pour les élèves et le personnel enseignant des écoles de musique des communes.....                                                                                                 | p. 92    |
| <b>9<sup>e</sup> séance</b>                                                                                                                                                                                                                             |          |
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                                                    | p. 92    |
| Communications .....                                                                                                                                                                                                                                    | p. 92-93 |
| Ordre du jour .....                                                                                                                                                                                                                                     | p. 93    |
| Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, sur la politique européenne et étrangère .....                                                                                                                       | p. 93-99 |



Sommaire

| Question n°  | Auteur                                      | Objet                                                                                                |
|--------------|---------------------------------------------|------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| 5451         | Gusty Graas                                 | Blocage par la Chine des importations de pays de l'UE contenant des composants provenant de Lituanie |
| 5453         | Marc Goergen                                | Tourisme de carburant                                                                                |
| 5454         | Martine Hansen                              | Taux de vaccination des professionnels de la santé                                                   |
| 5457         | Fred Keup                                   | Hausse de la criminalité                                                                             |
| 5471         | Yves Cruchten                               | Situation alimentaire mondiale                                                                       |
| 5474         | Laurent Mosar, Léon Gloden                  | Attaques physiques et verbales, voire menaces auxquelles sont exposées les forces de l'ordre         |
| 5500         | Paul Galles                                 | Énergies renouvelables appliquées aux bâtiments publics                                              |
| 5502         | Paul Galles                                 | Responsabilité des entreprises en matière de droits de l'homme                                       |
| 5526         | Marc Goergen                                | Interférences entre les fréquences de la 5G et les instruments de navigation des avions              |
| 5546         | Max Hahn                                    | Sacs bleus de la Valorlux                                                                            |
| 5552         | Marc Goergen                                | Sel de déneigement                                                                                   |
| 5565         | Gilles Baum, Gusty Graas                    | Augmentation du diabète de type 2 chez les enfants et les adolescents                                |
| 5566         | Sven Clement                                | Médecine environnementale                                                                            |
| 5575         | Martine Hansen                              | Recommandations de l'Observatoire national de la qualité scolaire                                    |
| 5578         | Marc Spautz                                 | Comportement désobligeant dans les structures d'accueil pour enfants                                 |
| 5582         | Stéphanie Empain, Djuna Bernard             | Mouvement diplomatique                                                                               |
| 5587         | Mars Di Bartolomeo                          | Croissance de l'emploi                                                                               |
| 5592         | Jeff Engelen                                | Retour du loup                                                                                       |
| 5593         | Fred Keup                                   | Mise en quarantaine des personnes âgées dans les maisons de retraite                                 |
| 5595         | Laurent Mosar                               | Fin du roaming et impact sur le Luxembourg                                                           |
| 5596         | Marc Hansen, Chantal Gary                   | Sécurité informatique de la délégation luxembourgeoise lors des jeux olympiques 2022                 |
| 5597         | Martine Hansen, Claude Wiseler, Marc Spautz | Programme de bachelor de l'infirmier                                                                 |
| 5601         | Martine Hansen                              | Cas de Covid-19 dans les écoles                                                                      |
| 5603         | Josée Lorsché, Marc Hansen                  | Certificats de virginité                                                                             |
| 5610         | Marc Spautz                                 | Missions et attributions de l'ADEM                                                                   |
| 5612         | Sven Clement                                | Reconnaissance de certificats de rétablissement étranger                                             |
| 5613         | Sven Clement                                | Établissement de certificats CovidCheck sur base d'un test rapide positif                            |
| 5615         | Fred Keup                                   | Brevets déposés au Luxembourg                                                                        |
| 5616         | Fred Keup                                   | Décrochage scolaire                                                                                  |
| 5619         | Roy Reding                                  | Prédominance des fournisseurs de carte de crédit américains                                          |
| 5626         | Nathalie Oberweis                           | Critères d'investissement de la BCEE en matière d'activités durables                                 |
| 5629         | André Bauler                                | Parking public au lieu-dit « Schinker » dans la commune de Parc Hosingen                             |
| 5631         | Mars Di Bartolomeo                          | Achat rétroactif auprès du régime général d'assurance pension en cas de divorce                      |
| 5635         | Marc Goergen                                | Stands de tir                                                                                        |
| 5639         | Claude Lamberty, Max Hahn                   | Stands de tir                                                                                        |
| 5646         | Jeff Engelen                                | Infections Covid-19 liées au secteur Horeca                                                          |
| 5652         | Sven Clement                                | Patrimoine ferroviaire                                                                               |
| 6309 urgente | Marc Goergen                                | Confiscation d'avions appartenant à des oligarques russes                                            |
| 6367 urgente | Mme Nancy Arendt épouse Kemp                | Variole du singe                                                                                     |

**Question 5451** (04.01.2022) de **M. Gusty Graas (DP)** concernant le **blocage par la Chine des importations de pays de l'UE contenant des composants provenant de Lituanie** :

Après l'ouverture d'une ambassade taïwanaise de facto à Vilnius, la Chine a officiellement rétrogradé ses relations politiques et commerciales avec la Lituanie. Depuis, le pays balte aurait disparu du système douanier de la Chine qui, à son tour, aurait cessé d'accepter non seulement les produits lituaniens, mais également les produits d'autres pays membres de l'Union européenne.

Selon des articles de presse, les industries impactées par ces développements seraient diverses. Des marchandises de toutes sortes seraient touchées et, par conséquent, beaucoup de ports seraient également affectés. Le commerce entre les différents pays semblerait pris en otage par une politique commerciale qui tournerait de plus en plus en une crise politique et diplomatique.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et à Monsieur le Ministre de l'Économie :

- Messieurs les Ministres sont-ils au courant d'entreprises luxembourgeoises impactées par ces développements ?

- Est-ce que la décision de la Lituanie d'ouvrir un bureau de représentation pour le Taïwan sous son propre nom avait été discutée au niveau européen ? Dans l'affirmative, quelles en étaient les conclusions ? Les autres États membres soutiendront-ils la Lituanie dans sa démarche ?

- Dans l'attente d'une réaction européenne, est-ce que la Chine a annoncé d'autres mesures qui pourraient impacter la politique commerciale internationale ?

- Est-ce que cette affaire risque d'avoir des conséquences politiques pour les relations UE-Chine ?

**Réponse commune** (02.02.2022) de **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes**, et de **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** :

- Ni le Ministère des Affaires étrangères et européennes, ni le Ministère de l'Économie n'ont été contactés par une entreprise qui serait concernée par ces développements et n'ont connaissance d'un impact éventuel sur des entreprises luxembourgeoises.

- La Lituanie n'a pas abordé avec ses partenaires européens sa décision d'autoriser l'ouverture d'un tel bureau. Cette décision et la réaction du Gouvernement chinois furent cependant l'objet de discussions a posteriori au sein du Conseil européen

et du Conseil des affaires étrangères de l'Union européenne.

- En raison du fait que les mesures prises par les autorités chinoises contre la Lituanie affectent le marché unique, l'Union européenne a lancé le 27 janvier 2022 une procédure devant l'OMC.

- Les États membres ont exprimé leur solidarité avec la Lituanie, et ce dossier constitue désormais une question importante dans les discussions sur les relations UE-Chine. L'Union européenne est en contact avec les autorités chinoises pour clarifier la situation concernant les blocages de biens en provenance de la Lituanie.

**Question 5453** (04.01.2022) de **M. Marc Goergen (Piraten)** concernant le **tourisme de carburant** :

Am Mee 2016 huet den Dieter Ewringmann am Optrag vum Ministère fir nohalteg Entwécklung eng Etüd iwwert den Tanktourismus verëffentlecht. An dëser Analys huet de Professor fir Finanzwëssenschaft festgestallt, dass den Tanktourismus Lëtzebuerg méi kascht, wéi en eis u Recetten abréngt. 3,5 Milliarden u järeleche Käschte stoungen 2,1 Milliarden un Einname géigeniwwer.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Energie a fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. An der Studie vun 2016 gouf och gekuckt, wat den Ausstouss vun CO<sub>2</sub> eist Land kascht. Deemno soll 2010 eng Tonn CO<sub>2</sub> ronn 120 € Ëmwelt- a Klimakäschte verursaachen (woubäi de Präis haut natierlech ee gutt Stéck driwwer läit).

Op Basis vun der Rechnung aus der Etüd, wéi schätzt d'Regierung d'Käschtenentwécklung zënter 2010 an?

2. Wéi vill CO<sub>2</sub>-Zertifikater misst Regierung kafen, fir d'Emissiounen aus dem Tanktourismus ze kompenséieren, a wat fir zousätzlech Käschte géif dat fir d'Staatsausgabe bedeiten?

3. Existéiere Studien, déi analyséiert hunn, wéi vill den Tanktourismus déi betrafte Gemenge kascht (zum Beispill d'Ofnotzung vun den Infrastrukturen, wéi z. B. Stroossen an Tankstellen)?

4. Huet d'Regierung weider nei Studien, no där vum Professor Ewringmann, an Optrag ginn, fir d'Situa-

tioun vum Tanktourismus hei am Land weider ze evaluéieren? Wa jo, wéi eng Studië waren dëst?

**Réponse commune** (08.02.2022) de **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**, et de **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie** :

D'Konklusiounen aus dem Dr. Ewringmann senger Etüd vun 2016 „Ermittlung und Bewertung der positiven und negativen Wirkungen des Treibstoffverkaufs unter besonderer Berücksichtigung negativer externer Umwelt- und Gesundheitseffekte - Status quo 2012 und maßnahmeninduzierte Veränderungen“ sinn och haut nach gréisstendeels valabel.

Lëtzebuerg huet seng Zäregasemissionsreduktiounsziler an der Period 2013 bis 2020 agehalen, soudatt d'Regierung keng CO<sub>2</sub>-Zertifikater huet misse kafen, fir Emissiounen aus dem „Tanktourismus“ oder aus anere Beräicher ze kompenséieren.

Studien, déi analyséiert hunn, wéi vill den Tanktourismus déi betrafte Gemenge kascht, sinn der Regierung net bekannt.

Et sief an dësem Kontext och dorun erënnert, dass d'Regierung, mat der punktueller Erhéijung vun den Accisen 2020 an der Aféierung vun der CO<sub>2</sub>-Tax op de fossille Brennstoffer, sech en effikasse Moyen ginn huet, fir déi kontinuéierlech Reduktioun vun den Emissiounen aus dem „Treibstoffexport“ ze begleeden.

**Question 5454** (04.01.2022) de **Mme Martine Hansen (CSV)** concernant le **taux de vaccination des professionnels de la santé** :

Am Moment gëtt am Kader vun der Covidpandemie vill iwwer eng eventuell Impfflicht geschwat, dat och, well a verschiddene Bevëlkerungskategorien den Impftaux net héich genuch ass. Vill Experte sinn der Meenung, datt virun allem d'Personal am Gesondheits- a Fleegeberäich misst geimpft sinn.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Huet d'Regierung aktuell Zuelen zum Taux de vaccination beim Personal am Gesondheits- a Fleegeberäich?

2. Wann nee, kann duerch d'Personal, dat sech muss teste loossen, eng Aschätzung vum Impftaux gemaach ginn?

3. Gëtt et Ënnerscheeder tëscht den eenzele Gruppen an Haiser?

4. Wat gouf bis elo gemaach, fir d'Personal ze incitéieren, sech impfen ze loossen?

**Réponse commune** (08.02.2022) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**, et de **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration** :

ad 1. - 3. Opgrond vun der Motioun iwwer d'Impfflicht vum honorabelen Deputéierte Gilles Baum, déi den 19. Januar 2022 mat 31 Stëmme géint 29 Stëmmen an der Chamber ugehall gouf, wäert d'Regierung zäitno en Dokument zur Verfügung stellen, dat d'Donnéeën iwwert den Impfstatus vum Gesondheitspersonal, wat am enke Kontakt mam Patient steet, opschlësselt.

D'Ministernen erlabe sech deemno, den honorabelen Deputéierten op dëst Dokument ze verweisen, dat zäitno den Deputéierte wäert zur Verfügung gestallt ginn. Parallel dozou sinn awer och schonn eng Partie Zuelen an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro 5436 detailléiert ginn.

ad 4. An der Kommunikatioun, souwuel innerhalb wéi ausserhalb vun den Haiser, ass op d'Wichtigkeet vun der Impfung higewise ginn an et si verschide Mesuren en place gesat ginn, fir d'Impfung fir d'Personal sou einfach wéi méiglech ze maachen.

Doriwwer eraus huet jo den Expertsgrupp, dee säin Avis zur Impfflicht de 14. Januar 2022 ofginn huet, eng Impfflicht souwuel bei Persounen iwwer 50 Joer wéi och fir d'Gesondheitsberuffler recommandéiert.

Am Kontext vun de Recommendationen, déi d'Commission permanente pour le secteur des personnes âgées reegelméisseg un d'Strukturen aus dem eelere Beräich schéckt, gëtt ëmmer erëm d'Wichtigkeet vun der Impfung ënnerstrach.

Esou stinn an de Recommendationen vum 22. September 2021 (Wunnstrukturen aus dem eelere Beräich), vum 29. September 2021 (CPG; Réseaux d'aide et de soins) a vum 19. Oktober (Wunnstrukturen CPG, Réseaux d'aide et de soins) dës Kapitelen:

« Introduction

Œuvrons ensemble pour améliorer le statut vaccinal du personnel.

En ce qui concerne le personnel, il est rappelé aux professionnels intervenant auprès de personnes âgées, particulièrement vulnérables, l'exigence déontologique de se faire vacciner. Le fait de se faire vacciner constitue un acte citoyen, un acte de responsabilité et de solidarité permettant de se protéger contre le virus, de protéger les personnes âgées et de protéger les collègues. Afin d'augmenter la couverture vaccinale du personnel, les responsables des structures d'hébergement continueront à promouvoir activement la vaccination contre le Sars-CoV-2, tout en adoptant une démarche in-





formative et pédagogique (voir aussi matériel d'information sur le site <https://covid19.public.lu/fr/vaccination.html>). Tout a été mis en œuvre pour permettre au personnel d'avoir un accès rapide et facile à la vaccination.

Une couverture vaccinale de l'ensemble du personnel facilitera un retour à la normale dans les structures d'hébergement.

[...]

La vaccination

La vaccination des résidents nouvellement admis dans une structure d'hébergement et non encore vaccinés pourra être dispensée par le médecin traitant du résident.

Une troisième dose de vaccin sera proposée aux résidents. Des explications sur le bien-fondé de cette offre se trouvent dans l'avis du CSMI, du 7 septembre 2021.

Il est rappelé aux responsables des structures d'hébergement de continuer à promouvoir activement et régulièrement la vaccination du personnel et des résidents contre le Sars-CoV-2. Du matériel d'information et de promotion se trouve sur le site : <https://covid19.public.lu/fr/vaccination.html> »

An de Recommandatioun vum 17. Dezember 2021 sinn dës Messagen nach eng kéier widderholl.

**Question 5457** (04.01.2022) de **M. Fred Keup** (ADR) concernant la **hausse de la criminalité** :

A senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nr. 5213 iwwert d'Veréffentlechung vun lwwerfäll an Abréch, äntwert den Här Minister mat Verweiser op meng parlamentaresch Froen Nr. 3682 vum 19. Februar 2021, Nr. 4039 vum 7. Abrëll 2021 an Nr. 4211 vum 4. Mee 2021. Dës Verweiser loosse meng parlamentaresch Fro Nr. 5213 awer zum Deel onbeäntwert.

Aus deem Gronn géif ech dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet gär déi folgend Froe stellen:

1. An der Period vum 1. September bis zum 31. Oktober 2021 huet d'Police bis elo landeswäit 58 lwwerfäll, dorënner zwielef versichten lwwerfäll, statistesch erfaasst. Wéi vill dovun sinn der vun der Police éffentlech gemaach an un d'Press weidergeleet ginn, a wéi vill net?

2. An der Period vum 1. September bis zum 31. Oktober 2021 huet d'Police bis elo landeswäit 411 Abréch, dorënner 166 versichten Abréch, statistesch erfaasst. Wéi vill dovun sinn der vun der Police éffentlech gemaach an un d'Press weidergeleet ginn, a wéi vill net?

**Réponse** (24.01.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

An deene vum honorabelen Deputéierten opgezielte parlamentaresche Froe gouf erkläert, wéi eng Critère bei Pressematdeelunge säitens der Police applizéiert ginn.

D'Police féiert keng Statistiken iwwert d'Zuel vu Fäiten, déi kommunizéiert resp. net kommunizéiert ginn. Déi absolutt Zuelen zu de Strofdote ginn integral an der järelecher Kriminalitéitsstatistik vun der Police verëffentlecht.

**Question 5471** (06.01.2022) de **M. Yves Cruchten** (LSAP) concernant la **situation alimentaire mondiale** :

Dans son Aperçu humanitaire mondial 2022, publié le 2 décembre 2021, le Bureau de la coordination des affaires humanitaires estime que 274 millions de personnes dans 63 pays auront besoin d'aide humanitaire en 2022. Il s'agirait donc d'une augmentation significative de 17 % par rapport aux 235 millions de personnes en 2020.

Le document explique que la cause principale des besoins humanitaires est l'insécurité alimentaire, qui est aujourd'hui 60 % plus élevée qu'avant la crise sanitaire. Selon un communiqué de l'ONU du 22 décembre 2021, le Programme alimentaire mondial (PAM) est notamment contraint de réduire son assistance alimentaire au Yémen, deuxième pays le plus touché par l'insécurité alimentaire, en raison du manque de fonds. À partir de janvier, 8 millions de personnes vont recevoir seulement la moitié des rations alimentaires minimum quotidiennes.

La directrice régionale du PAM pour le Moyen-Orient et l'Afrique du Nord Corinne Fleischer a déclaré que cette réduction intervient au « pire moment » pour ce pays dévasté par un conflit incessant et une situation économique aggravante. L'ONU précise dans ce même communiqué : « Sans nouveau financement, des réductions plus sévères seront bientôt inévitables. »

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire :

1) Le Gouvernement a-t-il réagi à la situation alimentaire mondiale qui est devenue de plus en plus préoccupante au cours de l'année 2021 ?

2) Quelles initiatives le Gouvernement entend-il entreprendre aux niveaux européen et international afin de détendre les crises alimentaires en détérioration ?

3) Le Gouvernement entend-il augmenter ses contributions au PAM afin de soulager la situation alimentaire au Yémen ?

**Réponse** (02.02.2022) de **M. Franz Fayot**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire* :

En 2021, la situation alimentaire mondiale a continué de se détériorer. Pour faire face à cette situation, la Coopération luxembourgeoise continue d'adopter une approche holistique, à la fois sur le plan de la coopération au développement que sur le plan des interventions humanitaires d'urgence.

En matière d'aide humanitaire en tant que telle, le Luxembourg entretient des partenariats importants et de longue date avec les agences onusiennes et d'autres organisations nationales et internationales expertes en la matière. En 2021, le soutien aux opérations d'urgence ainsi qu'au renforcement de la résilience des populations à risque s'est élevé à près de 62 millions d'euros.

L'action humanitaire luxembourgeoise est mise en œuvre notamment à travers des Cadres de partenariat stratégique (CPS) pluriannuels avec le Programme alimentaire mondial (PAM), le Bureau de coordination des affaires humanitaires des Nations Unies (OCHA), le Haut-Commissariat des Nations Unies pour les réfugiés (UNHCR) et le Comité international de la Croix-Rouge (CICR).

Outre ces financements directs d'agences onusiennes et d'organisations internationales, l'action humanitaire luxembourgeoise s'engage chaque année à alimenter des fonds fiduciaires tels que le Central Emergency Response Fund (CERF) et les Country-based Pooled Funds (CBPF), tous gérés par OCHA, ainsi que le Disaster Relief Emergency Fund (DREF), géré par la Fédération internationale de la Croix-Rouge (FICR). Une importante partie des financements aux fonds fiduciaires est directement utilisée pour soutenir des programmes de renforcement de la sécurité alimentaire.

En tant que signataire de la Food Assistance Convention, le Luxembourg s'engage chaque année à financer des programmes de sécurité alimentaire et d'aide alimentaire d'urgence à travers le monde pour un minimum de 4.000.000 EUR. Comme les années précédentes, ce seuil a été largement dépassé. Le Luxembourg est en outre signataire de la School Meals Coalition, engagement pris lors du Food Systems Summit en 2021, initiative émergente qui vise entre autres à mener des actions d'amélioration et d'intensification des systèmes alimentaires et éducatifs. En 2021, trois programmes School Feeding au Nicaragua, au Mali et au Sénégal ont été soutenus.

Le partenaire principal du Luxembourg en matière d'aide alimentaire d'urgence est le Programme alimentaire mondial (PAM). La majeure partie des financements au PAM à travers le CPS est allouée à des opérations humanitaires dans les pays les plus touchés par l'insécurité alimentaire aiguë. Ainsi, en 2021, un montant total de 7.000.000 EUR a été alloué entre autres à des opérations humanitaires, notamment en Afghanistan, au Yémen, en Éthiopie, au Venezuela ou encore en Syrie. Pour aider le PAM à faire face aux urgences les plus aigües, des contributions supplémentaires à hauteur de 2.500.000 EUR ont été allouées aux opérations en Afghanistan, en Jordanie, au Yémen et au Soudan du Sud fin 2021. Le soutien au PAM ne se limite pas aux seules opérations humanitaires, mais couvre également les capacités logistiques, le secteur de la télécommunication ou encore la recherche de solutions innovantes à la malnutrition et la sécurité alimentaire. Le soutien financier total au PAM en 2021 s'élève à 10.650.000 EUR (7.000.000 EUR dans le cadre du CPS, 1.000.000 EUR pour le School Feeding, 2.500.000 EUR de contributions supplémentaires et 150.000 EUR au profit du WFP Innovation Accelerator).

Le Luxembourg s'engage à maintenir, voire élargir son soutien au PAM dans les années à venir. Ainsi, l'enveloppe annuelle du PAM connaîtra une hausse de 1.000.000 EUR par an pour la période de 2022 à 2025. Outre le budget annuel de 8.000.000 EUR pour l'aide humanitaire d'urgence dans cadre du CPS pluriannuel, le programme School Feeding au Nicaragua sera reconduit à hauteur de 1.000.000 EUR et un nouveau programme de renforcement de la résilience et de la sécurité alimentaire et nutritionnelle au Mali à hauteur de 2.000.000 EUR verra le jour.

Le Luxembourg peut également compter sur l'expertise des ONG luxembourgeoises dont plusieurs projets humanitaires d'aide alimentaire ont été (co) financés en 2021 pour un montant global d'environ 1,4 millions d'euros, surtout au Soudan du Sud, en Haïti, en Somalie et en Éthiopie.

En ce qui concerne la situation humanitaire désastreuse au Yémen, situation que nous suivons de

près, des contributions de 2.550.000 EUR ont été allouées pour les opérations d'aide d'urgence de ses partenaires (CARE in Luxembourg : 300.000 EUR, le Fonds humanitaire central géré par OCHA : 350.000 EUR, CICR : 400.000 EUR, et PAM : 1.500.000 EUR). L'enveloppe budgétaire ainsi attribuée pour des activités humanitaires au Yémen fait de ce pays le 7<sup>e</sup> pays bénéficiaire en matière de financements humanitaires luxembourgeois.

En 2022, l'action humanitaire luxembourgeoise envisage de maintenir son niveau de financement au profit de la population yéménite, sachant que des fonds supplémentaires pourraient être libérés pour les opérations d'urgence au cours de l'année.

**Question 5474** (06.01.2022) de **MM. Laurent Mosar** et **Léon Gloden** (CSV) concernant les **attaques physiques et verbales, voire menaces auxquelles sont exposées les forces de l'ordre** :

Dans le cadre des manifestations « anti-Covid », les agents de police ont été et sont la cible d'attaques physiques ou verbales. Des faits de rébellion ont été relatés par la presse, sans oublier les injures et autres propos violents dont ils font l'objet que ce soit sur la place publique ou sur les réseaux sociaux.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure et à Madame la Ministre de la Justice :

1) Combien de procès-verbaux pour rébellion et autres infractions ont été rédigés par les agents de police dans le sillage des manifestations anti-Covid ?

2) Combien de messages diffusés sur Internet et visant justement les forces de l'ordre ont été transmis au Ministère public aux fins de poursuite ?

3) Combien de ces procès-verbaux ou dénonciations ont abouti à des enquêtes ou instructions de la part des autorités de poursuite ?

4) Comment Madame et Monsieur les Ministres évaluent-ils cet état des choses ? Un durcissement de la législation pénale est-il à l'ordre du jour ? Quelles sont d'autres pistes explorées par le Gouvernement pour mieux protéger les agents de police ?

**Réponse commune** (08.02.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure*, et de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1) Dans le sillage des manifestations anti-Covid-19 des 11, 18 et 24 décembre 2021, ainsi que celle des 8 et 15 janvier 2022, la Police grand-ducale a rédigé en tout une septantaine de procès-verbaux, dont cinq procès-verbaux ont été rédigés pour rébellion. Une soixantaine de procès-verbaux ont été rédigés dans le cadre de mesures de police administrative (article 5 : vérification d'identité et article 14 : détention administrative). Des enquêtes concernant d'autres faits pénaux sont actuellement encore en cours, ce qui pourrait encore accroître le nombre d'affaires.

ad 2) À l'heure actuelle, les affaires sont en voie de transmission au Ministère public.

ad 3) À ce stade, il n'est pas possible de chiffrer les divers procès-verbaux, dénonciations et plaintes qui ont eu lieu dans le cadre des manifestations anti-Covid, alors qu'ils sont actuellement en cours de transmission au Ministère public. En outre, il est à noter que le système informatique des autorités judiciaires ne permet pas d'effectuer une recherche précise selon des critères liés à la caractéristique du contexte dans lequel les faits incriminés ont eu lieu (p. ex. manifestation, match de sport, altercations diverses hors cadre manifestation).

ad 4) Au vu des récents débordements, il va sans dire que le Gouvernement demeure bien conscient de la gravité de la situation. En complément à la législation pénale déjà en place et tel qu'annoncé par Madame la Ministre de la Justice lors de la Commission de la Justice du 19 janvier, un avant-projet de loi est en cours de rédaction avec une série de mesures concrètes, dont l'aggravation des peines en matière de rébellion contre les forces de l'ordre.

**Question 5500** (14.01.2022) de **M. Paul Galles** (CSV) concernant les **énergies renouvelables appliquées aux bâtiments publics** :

Duerch déi bestoend Klimakris ass et noutwendeg, dass all déi verschidden Acteuren aus der Gesellschaft zesumme schaffen, fir hiren Deel vun der Verantwortung ze iwwerhuelen, fir dass mir esou ons Klimaziler nach eventuell kënnen erreechen a soumatt d'Äerderwirmung begrenzen. Do dréit och de Staat seng Verantwortung a muss eng Verreiderroll spillen. Grousst Potenzial besteet besonnesch bei der Installatioun vu Solaranlagen op éffentleche Gebaier, souwéi der energieetescher Sanéierung vun dëse Gebaier. Dëst ass och néideg, wann de Staat säin Zil vun der Klimaneutralitéit an domadder de klimaneutrale Verwaltunge wëll erreechen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un de Minister fir Energie stellen:

1. Wéi vill Prozent vun den éffentleche Gebaier si mat enger Solaranlage ausgestattet a wat ass d'Zilsetzung fir 2030? Bei wéi vill Prozent vun dëse Gebaier ass et net méiglech, eng Solaranlage ze installéieren, sief et zum Beispill aus Denkmalschutzgrënn oder well et ekonomesch kee Sënn ergëtt?

2. Wéi eng Energieklassen hunn d'éffentleche Gebaier ënnert der Verwaltung vum Staat? Kann de Minister den Undeel un de Gebaier prozentual pro Energieklass wgl. ugin (Energieeffizienzklasse a Wärmeklass)? Wat ass och hei d'Zilsetzung fir 2030?

3. Wéi vill Prozent vun den éffentleche Gebaier gëtt nach mat fossillen Energie gehëtzt? Wat ass Zilsetzung, fir dës Gebaier mat enger Wärmepompe oder aneren ekologeschen Alternativen auszustatten?

**Réponse commune** (09.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

ad 1. Generell huet sech d'Verwaltung fir éffentlech Bauten am Kader vun enger Gesamtstrategie d'Prioritéit gesat, fir seng Gebaier nach méi séier ze dekarboniséieren an dobäi méi erneierbar Energien ze notzen an domadder en aktive Beitrag zum Klimaschutz an zu der Reduktioun vun eiser Ofhängkeet vu fossilen Energien ze leeschten.

Am Moment sinn op 40 Gebaier vun der Verwaltung fir éffentlech Bauten Photovoltaikanlagen installéiert an 19 Gebaier hu Solarthermieranlagen, wat un der Unzuel vun de Gebaier ongeféier 4 % vu ronn 1.500 Gebaier grouse Patrimoine vun der Verwaltung entsprécht. Well et sech dobäi meeschtens ëm gréisser Anlagen handelt, ass et flächeméisseg méi e grouse Prozentsaz.

Wat d'Leeschtung vun neie Photovoltaikanlagen betrëfft, sinn 2019 1,2 MW, 2020 1,8 MW an 2021 3 MW installéiert ginn. An der Moyenne sollen déi nächst dräi Joer jeeeweils 3 MW dobäikommen.

Fir de Moment ass et net méiglech pauschal ouni detailléiert Etuden ze soen bei wéi vill Prozent vun de Gebaier Solaranlagen net méiglech oder net sënnvoll sinn, haaptsächlech aus folgende Grënn:

- Ongeféier 9 % vun de Gebaier sinn als „monument national“ klasséiert oder um „Inventaire supplémentaire“ ageschriwwen, sou dass et bei dëse Gebaier net ouni Weideres méiglech ass, eng Photovoltaikanlage ze installéieren. Doniewent ginn et awer och nach vill Gebaier, déi zwar net, oder nach net, klasséiert sinn, mee als historiesch sensibel ze consideréieren sinn.

- Bei verschiddenen Diech erlaabt d'Statik et net, fir nach en zousätzlecht Gewicht ze installéieren.

- Op verschiddenen Diech stinn aner technesch Anlagen, wéi Klima- oder Lüftungsgeseräer, sou dass keng Plaz méi ass, fir zousätzlech nach Photovoltaikpanneauen ze installéieren.

- Verschidden Diech eegenen sech net fir eng Photovoltaikanlage, well se schlecht orientéiert sinn oder well d'Verschattung um Daach ze grouss ass, respektiv well se anescht benotzt ginn, wéi zum Beispill als Daachterrass.

Konform zum Objektiv méiglechst séier sou vill Leeschtung wéi méiglech ze installéieren, gi prioritär déi grouss Gebaier analyséiert a gegebenefalls mat enger Photovoltaikanlage aus- oder nogerëscht. No a no kommen awer och méi kleng Gebaier dobäi. Wann den Zoustand vum Daach een Norëschten net zouléisst, gëtt generell als éischt eng Renovatioun, Isolatioun oder Verstärkung vum Daach a Betruucht geholl.

Allgemeng gëtt bei all Neibau, Sanéierung an Daachrenovatioun eng Etude gemaach, fir d'Machbarkeit vun enger Photovoltaikanlage ze analyséieren. D'Zil vun där Etude ass et, fir den Daach méiglechst effizient auszenotzen an eng Photovoltaikanlage mat engem méiglechst héijen Ertrag iwwert d'Joer ze installéieren. Wa méiglech soll keen neien Daach méi ouni Photovoltaik- oder Solarthermieranlage gebaut ginn, ausser d'Daachfläch géif fir aner durabel oder sozial Zwecker benotzt ginn (Daachterrass, Urban Gardening...).

ad 2. Bei der Aféierung vum Certificat de performance énergétique (CPE) fir funktionell Gebaier goufen zwee grondverschidden Typpen agefouert:

Fir Neibauten gouf e Rechepass néideg, hei gouf d'Exigence no a no vun enger Klass D/D op C/C an duerno A/B verschäerft. Esou e Rechepass ass bei Gebaier verfügbar, fir déi eng Baugeneemegung no dem 1. Januar 2011 ugefrot gouf.

Fir Bestandsgebaier war bis Mëtt 2021 vun der Gesetzgebung e Verbrauchspass virgesinn. Hei gouf keen theoretesche Verbrauch ewéi bei de Neibaute berechent, mee de reell gemoossene Verbrauch vun Gebai ass als Grondlag fir de CPE geholl ginn. De gemoossene Verbrauch gouf mam Verbrauch vun engem Referenzgebai verglach, wat iwwert déi selwecht funktionell Fläche verfüügt. D'Resultat gouf hei net an enger Klass A bis I ausgedréckt, mee an engem Prozentsaz vun 0 % bis





400 %. Bei der aktueller Gesetzgebung vun 2021 gi Bestandsgebaier elo och berechent; esou Päss sinn awer bis elo nach net vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten opgestallt ginn.

Et ass och esou, dass net fir de ganze Patrimoine vum Staat CPEen opgestallt gi sinn, mee fir déi Gebaier, déi ëffentlech zougänglech sinn; insgesamt goufen eng 415 CPEen fir funktionell Gebaier erstallt an zousätzlech nach eng 290 CPEen fir Wunnengen; e groussen Deel vun dese Wunnengen ënnerstinn elo der Agence immobilière sociale.

Bei de funktionelle Gebaier ass d'Verdeelung vun de gerechten Energiepäss follgendermoossen opgedeelt:

- Rechepass funktionellt Gebai A/A: 7 Gebaier
- Rechepass funktionellt Gebai A/B: 9 Gebaier
- Rechepass funktionellt Gebai A/C: 10 Gebaier
- Rechepass funktionellt Gebai A/D: 3 Gebaier
- Rechepass funktionellt Gebai B/B: 1 Gebai
- Rechepass funktionellt Gebai B/C: 3 Gebaier
- Rechepass funktionellt Gebai B/D: 1 Gebai
- Rechepass funktionellt Gebai C/C: 2 Gebaier

Bei de funktionelle Gebaier gesäit d'Verdeelung vun de gemoossenen Energiepäss esou aus:

- Verbrauchsindex Hëtzt < 70 %: 87 Gebaier
- Verbrauchsindex Hëtzt 70 % - 100%: 109 Gebaier
- Verbrauchsindex Hëtzt 100 % - 140 %: 123 Gebaier
- Verbrauchsindex Hëtzt > 140 %: 59 Gebaier
- Verbrauchsindex Stroum < 70 %: 78 Gebaier
- Verbrauchsindex Stroum 70 % - 100 %: 117 Gebaier
- Verbrauchsindex Stroum 100 % - 140 %: 118 Gebaier
- Verbrauchsindex Stroum > 140 %: 65 Gebaier

Bei de Wunnungsgebaier ass d'Situatioun déi heiten (Gesamtenergieklass/Wärmeschutzklass):

- Wunnungspass Klass A/B: 1 Gebai
- Wunnungspass Klass A/D: 1 Gebai
- Wunnungspass Klass C/C: 1 Gebai
- Wunnungspass Klass D/E: 1 Gebai
- Wunnungspass Klass E/D: 1 Gebai
- Wunnungspass Klass E/E: 1 Gebai
- Wunnungspass Klass E/G: 1 Gebai
- Wunnungspass Klass F/E: 1 Gebai
- Wunnungspass Klass F/F: 15 Gebaier
- Wunnungspass Klass F/G: 10 Gebaier
- Wunnungspass Klass F/H: 1 Gebai
- Wunnungspass Klass G/F: 7 Gebaier
- Wunnungspass Klass G/G: 23 Gebaier
- Wunnungspass Klass G/H: 18 Gebaier
- Wunnungspass Klass H/H: 24 Gebaier
- Wunnungspass Klass H/I: 73 Gebaier
- Wunnungspass Klass I/I: 105 Gebaier

Aus desen Zuele kënnen awer nëmme bedéngt Schlussfolgerunge gezunn ginn, well d'Potenzial vun de Gebaier ganz verschidden ass an all Gebai fir sech analyséiert muss ginn. Vill Gebaier am Bestand hunn eng erhalenswäert Architektur oder sinn denkmalgeschützt; et ginn awer och techesch, konstruktiv oder funktionell Grënn weinst deenen net all Moosssname fir Energie ze spueren ëmmer méiglech sinn. D'Mesurë mussen doriwwer eraus och mam Notzer ofgekläert ginn.

Et gëtt och keng direkt Zilsetzung, déi ausschliisslech op de Resultater vun Energiepäss baséiert. Eng ganz Rei Gebaier hu keen Energiepass, eng Zilsetzung no Energieklass eleng wier also onvollständeg. Villméi ass et esou, dass all Projet am Neibau an an der Renovatioun genotzt gëtt, fir den energieetesche Fousofdruck ze miniméieren. Dëst gëllt och fir klenger Aarbechten, wou just Deelberäicher lafend verbessert kënnen ginn.

ad 3. Vun den iwwer 1.500 Gebaier, déi vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten geréiert ginn, gëtt zurzäit nach d'Majoritéit mat fossillen Energie gehëtzt. D'Förderung vun alternative Quellen ass awer schonns zanter ronn 15 Joer de Standard bei der Verwaltung fir ëffentlech Bauten, esou dass déi allermeeschten nei Gebaier net op fossill Energien zeréckgräifen. Vill Lycéë funktionéieren mat Biomasseheizungen. Hei gouf haaptsächlech op Holzackschnitzel gesat, a méi rezent och op Grünschnitt. Bei méi schwéier accessibel Sitte ginn och Pelletkesseler virgesinn.

Wou et méiglech ass sinn d'Staatsgebaier u Fernwärmenetzer ugebonnen. Op grouss Sitten huet de Staat där och selwer baue gelooss. Bis an 2000er Jore goufen hei praktesch ëmmer Gas-Cogenerationsanlagen agesat, déi zu där Zäit och ëffentlech gefërdert goufen. Hei ass awer nach ëmmer fossill Energie am Gebrauch, esou dass des Anlagen haut net méi gefërdert ginn an nei Investitiounen an déi selwecht Technologie domat onrentabel sinn. Bestandsanlage ginn dowéinst zurzäit nom Ofrafe vun der Fërdungsdauer oft op Biomasse ëmgerëscht, well déi och weider subventionéiert ginn. En Ëmbau op Biomasse ass zum Beispill och bei der Energiezentral um Campus Geeseknäppche geplangt.

Den Ament, ginn insgesamt 34 Gebaier mat Biomasse gehëtzt an 84 Gebaier sinn un e Fernwärmenetz ugeschloss.

**Question 5502** (14.01.2022) de **M. Paul Galles** (CSV) concernant la **responsabilité des entreprises en matière de droits de l'homme** :

Säit Kuerzem gëtt et an der Schwäiz e Liwwerkettengesetz. An Holland steet esou e Gesetz elo och am Koalitionsaccord vun der neier Regierung. Hei zu Lëtzebuerg waarde mir nach ëmmer op eng europäesch Reglementatioun. Sou kount et an der Vergaangenheet ëmmer rëm zu enger Rei Fäll, wou d'Suergfaltpflicht vun Entreprisë mat engem Sëtz zu Lëtzebuerg verletzt gouf. Sou gouf Cargill zum Beispill als déi „schlëmmst Entreprise vun der Welt“ vun der ONG Mighty Earth bezechent, well se konstant Mënschen- a Kannerrechter mëssbraucht, d'ökologesch Ressourcen ausbeutet a gesondheetlech héich bedenklech Praktiken ugewannt hunn. Ee méi rezent Beispill ass de Fall vu CAE Aviation, deen am Pressecommuniqué vun der Initiativ Devoir de vigilance Luxembourg largement diskutéiert gouf.

An deem Kontext géif ech gäre follgend Froen un de Minister fir Aussepolitik, Immigratioun an Asyl stellen:

- Wéi gesäit den Här Minister d'Situatioun vun engem nationale Gesetz fir Lëtzebuerg, nodeems op europäeschem Niveau d'Initiativ eng weider Kéier verréckelt ginn ass?

- Ass de Rapport vum Comité interministériel iwwert d'Suergfaltpflicht an d'Liwwerkettengesetz scho prett? Weini rechent den Här Minister mat der Färdegstellung vum Rapport?

- Soll dese Rapport public gemaach ginn?

**Réponse commune** (16.02.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*, et de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie* :

D'Regierung wäert sech weiderhin dofir asetzen, datt op europäeschem Niveau an deser Matière gehandelt gëtt, an dat esou séier wéi méiglech. Den Aussen- an Europaminister ass eemol méi an deem Sënn, och am Numm vu senge Ministeschkolleege vum Benelux, beim leschte Conseil affaires générales, Enn Januar intervenéiert. Eisen Informatiounen no, soll d'Europäesch Kommissioun hire Projet de directive elo den 23. Februar 2022 präsentéieren.

Parallèl dozou ginn d'Aarbechte vum Comité interministériel, deen zanter Mee 2021 aachtmol zesummekomm ass, weider, fir der Regierung et ze erméiglechen, déi grouss Richtlinnen ze definéieren, entweder fir eng national Legislatioun oder fir d'Verhandlung vum engem europäeschen Text.

**Question 5526** (20.01.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **interférences entre les fréquences de la 5G et les instruments de navigation des avions** :

Verschiede Plattformen, dorënner aerotelegraph.com, aero.de an simpleflying.com, berichten, dass verschide Fluchgesellschaften hir Flich an d'USA fir de Moment agestallt hunn, well d'Landung, bedéngt duerch den Ausbau vum 5G-Netz, net zu 100 % assuréiert ka ginn, speziell fir d'Boeing 777 a 747-8.

Aerotelegraph beschreift an engem Artikel vum 16. Januar 2022 d'Problemer, déi sech dovunner ofleeden:

„Die Behörde nennt eine ganze Reihe von Systemen, die auf Daten der Radarhöhenmesser basieren und durch 5G gestört werden könnten: Autopilot-Flugleitsystem, automatische Schubregelung, Schubumkehr, Kollisionswarnung TCAS oder Bodenannäherungswarnsystem GPWS. Die Störungen könnten zu einer verminderten Bremsleistung, einer verlängerten Landestrecke und einem Verlassen der Landebahn führen [...].“

Effektiv ginn et Diskussiounen tëscht der Loftfaartbranche an den Telekommunikationskonzerner, well d'5G-Antenne mat de Radarhöhenmesser um Flughafen interferéieren, wat zu Problemer bei de Landunge féiert. Well dëst gewosst ass, goufe ronderëm déi 50 gréisste Flughäfen an den USA Pufferzonen opgeriicht, an deenen d'Leeschtung vun de 5G-Antenne gedrosselt gouf.

An Europa wier d'Ausgangslag eng aner, well de 5G hei aner Frequenzberäicher benotzt an d'Sendeleeschtung méi geréng ass. A Frankräich zum Beispill ginn nieft Pufferzonen d'Antennen anescht placéiert, fir d'Interferenzen ze reduzéieren.

An deem Zusammenhang wéilt ech de Ministere fir Digitalisatioun a fir Mobilitéit des Froe stellen:

1. Wéi ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg betreffend d'Interferenzen tëscht dem 5G-Netz an de Radarhöhenmesser um Findel? Ass séchergestallt, dass beim Ausbau vum 5G-Netz zu Lëtzebuerg verschide Frequenze benotzt ginn?

2. Ass och hei zu Lëtzebuerg eng Pufferzon, wéi se a Frankräich applizéiert gëtt, virgesinn?

3. Wéi beaflosst déi aktuell Situatioun an den USA d'Aktivitéite vun der Cargolux, wëssend, dass hir 747-8F net méi kann dohinner fléien?

**Réponse commune** (28.02.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias* :

Den Debat iwwert d'Steierung vun den Altimetere vun de Fligere ass an der Haaptsaach en amerikaneschen Debat, well an den USA d'Andeelung an d'Notzung vum Frequenzspektrum anescht gereegelt ass wéi an Europa. Sou leien zu Lëtzebuerg d'Frequenzen, déi fir de 5G-Ausbau virgesi sinn, weesentlech méi déif wéi an den USA. D'Lizenzen, déi 2020 u véier mobill Operateure vergi goufen, situéiere sech all ënner 3.750 MHz an hunn domat e grouse Protektionsofstand zu de Frequenze vun den Altimetere, déi tëscht 4.200 a 4.400 MHz schaffen.

Aktuell ass der Regierung keng relevant international Etude bekannt (z. B. vun der CEPT/ECC), déi de Steierpotential vun de Mobilfunk-Basisstationen an Europa op d'Altimetere géif confirméieren.

Laut den Informatiounen, déi der Direction de l'aviation civile (DAC) virleien, konnt weeder zu Lëtzebuerg nach soss an Europa eng geféierlech Interferenz tëscht 5G an den Altimetere an de Fligere constatéiert ginn. De Fluchbetrib zu Lëtzebuerg ass also net duerch den Opbau vun de 5G-Netzer beanträchtegt an et ginn och keng Aschränkungen, wat den Ausbau vu 5G am 3.600 MHz-Beräich ubelaangt.

D'DAC wäert awer och weiderhin d'Interferenzsituatioun tëscht 5G an den Altimetere op nationalem Niveau iwwerwaachen, grad wéi den ILR, deen desen Dossier a besonnesch d'Kompatibilitéetstudé vun de kompetenten europäeschen Organisatiounen an Autoritéiten am Kader vu senge Missiounen enk suivéiert.

Den Impakt op d'Operatioun vum der Cargolux vum Deploiement vun de 5G-Antenne ronderëm Flughäfen an den USA ass fir den Ament marginal, well d'Aktivéierung vun desen Antennen temporär bis den 28. Februar reportéiert ginn ass.

Et ass fir den Ament net gewosst, wéi eng Flughäfen an/oder Landepisten impaktéiert ginn nom 28. Februar 2022, mee sollt keng definitiv Solutioun fonnt ginn tëschent Boeing, der Federal Aviation Administration (FAA) an dem amerikaneschen Telecomprovider, da géif dat d'Operatioun vum Cargolux an de Vereenegte Staate massiv affektéieren. Et kann een dann dovun ausgoen, dass d'Majoritéit vun den Operatiounen mat de Cargolux-Boeing-747-8F misst annuléiert ginn, a Boeing-747-400F-Operatiounen wiere betraff am Fall vu Wiederrestriktiounen (z. B. bei schlechte Sichtkonditiounen).

Fir de Moment sinn déi eventuell Restriktiounen nach net bekannt, a Boeing an d'FAA sinn nach amgaang mat hire Sécherheitsanalyse vum 5G-Deploiement ronderëm d'Flughäfen an den USA. Cargolux steet an enkem Kontakt mat deenen zwee, fir all Eventualitéite kënnen ze antizipéieren.

**Question 5546** (24.01.2022) de **M. Max Hahn** (DP) concernant les **sacs bleus de la Valorlux** :

Zënter dem 1. Juli 2021 kann een am ganze Land eng ganz Rei Zorte Plastik weider iwwert déi blo Tut vun der Valorlux entsuergen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung follgend Froe stellen:

1. Wéi ee Bilan zitt d'Madamm Ministesch no méi wéi sechs Méint?

2. Wéi vill Tonnen Offall sinn zënterhier am Duerchschnitt méi agesammelt ginn am Verglach zu virdrun?

3. Wéi huet sech d'Proportioun vun Offall, deen net an déi blo Tut gehéiert, entwéckelt?

**Réponse** (28.02.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. D'Erweiterung vun der bloer Tut ass gutt ugehall ginn. Schnell haten sech all d'Gemengen hei am Land ugeschloss. No der Ufapfas iwwert de Summer ass Ufank November och en zousätzleche Monitoring lancéiert ginn. Hei sinn dräi Analysen am Ofstand vu jeeweils dräi Méint virgesinn, wou am Detail ënnersicht gëtt, wat an der Reststofffraktioun dran ass. No enger éischter Analys am November stinn nach zwou weider Analysen aus. Déi offiziell Zuele fir 2021 ginn der Ëmweltverwaltung och réischt am Kader vum Joresrapport vun der Valorlux spéitstens bis Enn Abrëll matgedeelt. Deemo sinn de Moment nach net all d'Donnéen disponibel an dofir ass et nach ze fré, fir e Bilan ze zéien.

ad 2. Op Nofro huet Valorlux matgedeelt, datt an der zweeter Hallschent vum leschte Joer 6.110 Tonne gesammelt goufen. 2019, ee Joer virun der Pandemie, waren dat 4.775 Tonne fir dee selwech-

ten Zäitraum. Dëst entsprécht engem Plus vun 222 Tonne pro Mount, oder anescht ausgedréckt, enger duerchschnittlecher Steigerung vun 28 %.

ad 3. cf. Fro 1

**Question 5552** (24.01.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant le **sel de déneigement** :

D'Umweltbundesamt an Däitschland recommandéiert, bei Schnéifall d'Stroossen net mat Salz ze streeën, mee op Sand oder Split ze setzen. Dëst well:

„Der Einsatz von Streusalz ist für Bäume und andere Pflanzen, Tiere, Gewässer, Fahrzeuge und Bauwerke (insbesondere Beton) sehr schädlich. Die Beseitigung oder Eindämmung der Schäden verursachen jährlich hohe Kosten.“

Des Weidere kéint d'Salz laut Umweltbundesamt och zu Entzündungen un de Patte vun Déiere féieren. Och d'Associatioun Natur an Ëmwelt huet 2021 nach een Appell an deemem Sënn gemaach, fir d'Quantitéiten u Streusalz drastesch ze reduzéieren.

An deem Zusammenhang wéilt ech de Ministere fir Interieur, Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung a Landwirtschaft des Froe stellen:

1. Wéi vill Tonne Streusalz goufen an deene leschten dräi Wantere genotzt?

2. Wéi vill Tonnen aner Streemëtzel wéi Sand, Kisel oder Granulat goufen an deene leschten dräi Wantere genotzt, fir eis Stroossen ze sécheren?

3. Wat fir Schrëtt gi geholl, fir beschtméiglech ze verhënneren, dass d'Salz mam Schmelzwaasser an eis Flëss a Baache leeft?

4. An de Froen N° 3569 vun 2021 an N° 1000 vun 2015 gëtt erkläert, dass keng schlecht Waasserqualitéit an eise Flëss duerch den Asaz vu Salz ka festgestallt ginn. Entsprécht des Ausso vun der Ministesch nach ëmmer der Realitéit vun haut?

5. Wat fir Schrëtt gi geholl, fir Planzen a Beem nieft de Stroossen, beschtméiglech virum Salz ze schützen?

6. Duerch d'Reduktioun vun hirem Liewensraum kommen och ëmmer méi wéll Déieren a Kontakt mam Streusalz op eis Stroossen. Wat fir eng Konsequenzen huet d'Streusalz op des Déieren?

7. Wien ass responsabel am Fall wou een Déier duerch Streusalz verletzt gëtt a behandelt muss ginn?

8. Wéi ass d'Streeë vu Salz duerch Privatpersounen op ëffentleche Stroossen an Trottoire gereegelt? Wat fir eng Reeegele mussen d'Leit hei respektéieren? A wie kontrolléiert des Reegelen?

9. Ass geplangt, an Zukunft nach méi op Alternativen zum Streusalz ze setzen? Wa jo, kënnen d'Ministesch hee konkret Pläng nennen?

Wann nee, firwat net?

**Réponse commune** (08.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur*, de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*, et de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. + 2. Am Zäitraum vun deenen dräi leschte Jore goufen op den 2.914 Kilometer Staatsstroossen 63.560 Tonne Streusalz gestreet, woubäi et sech ëm industriellen Natriumchlorid (NaCl) handelt (cf. PISA Wëssensmagazin vum 30. Januar 2022 <https://www.rtl.lu/tele/pisa-dewessensmagazin/a/1854500.html>). D'Streusalz ass a bleift dat effizientst Mëttel, fir de Stroossereseau fir d'Zirkulatioun vu Gefierer fräizehalen. All déi aner Alternative sinn net fir den dagdeegleche Gebrauch an eise Breedegraden an eisen Trafic adaptéiert.

ad 3. Fir d'Quantitéit erofzesetzen, sinn d'Streekurven un déi aktuellsten Normen ugepasst ginn. Vun Nuecht zu Nuecht gëtt, ofhängeg vun de Wiederkonditiounen, de Grammage festgeluegt, an et gëtt am Normalfall „Feuchtsalz“ benotzt, dat op der Stroos haft. Op den Autobunne gëtt d'„Nassstreuung“ am Preventivasaz agesat (cf. <https://www.rtl.lu/tele/de-magazin/v/3188397.html>).

ad 4. D'Ausso aus de genannte parlamentaresche Froen, dass keen Uewerflächewaasserkierper duerch Salziwwerschreidungen an engem schlechten ökologeschen Zoustand ass, stëmmt nach ëmmer. Genee sou, dass lokal Effekter (och um Niveau vu Kläranlagen) awer net auszeschleisse sinn an deemno eng raisonnabel Uwendung vu Streusalz ubruecht ass.

ad 5. Fir Planzen a Beem nieft de Stroosse beschtméiglech virum Salz ze schützen, gëtt d'Streebreet souwäit wéi nëmme méiglech op d'Breet vun der Strooss reduzéiert, sou dass den Impakt op d'Flora sou geréng wéi méiglech ausfällt.

ad 6. + 7. Wéi schonn an der viregter Äntwert uge-  
deit, gëtt d'Streebreet beschtméiglech op d'Breet vun der Strooss reduzéiert, wouduerch de Liewensraum vun den Déiere gréisstméiglech geschützt





gëtt. Doriwwer eraus ass kee Fall vun engem verwonnten Déier duerch Streusalz op der Strooss bekannt.

ad 8. Dës Reegele stinn am Code civil souwéi an de Gemengereglementer.

ad 9. Wéi aus der Äntwert op déi éischt Fro ervirgeet, ass momentan d'Streusalz nach ëmmer dat gëeegentst Entdeemëttel op de Staatsstroossen. Dofir ginn et hei och keng konkreet Pläng, fir op aner Alternativen ze setzen.

**Question 5565** (25.01.2022) de **MM. Gilles Baum** et **Gusty Graas** (DP) concernant l'augmentation du diabète de type 2 chez les enfants et les adolescents :

Le diabète de type 2 apparaît généralement à partir de 40 ans. Mais cette maladie est également de plus en plus fréquente chez les personnes plus jeunes. En Allemagne, les médecins constatent depuis la pandémie une tendance à l'augmentation du diabète de type 2 chez les enfants et les adolescents.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Combien de cas de diabète de type 2 ont été constatés chez les enfants et les adolescents au Luxembourg au cours des cinq dernières années ?

Le diabète étant souvent lié à l'obésité, une diététique peut être prescrite pour le traiter.

2) Combien de remboursements de diététiques ont été effectués au cours des cinq dernières années ? Combien de traitements ont concerné des enfants ?

3) Monsieur le Ministre, pour quelles raisons les traitements de groupe chez les diététiciens ne sont-ils pas remboursés ?

4) Madame la Ministre, existe-t-il des délais d'attente pour pouvoir entamer un traitement chez un diététicien ? Dans l'affirmative, quelle est la durée de cette attente ?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1) Généralement le diabète de type 2 se manifeste chez les adultes. Durant les dernières années, de plus en plus de cas sont diagnostiqués chez les enfants et adolescents avec prédominance entre 15 et 19 ans.

Ces cas sont diagnostiqués par le médecin traitant ou l'endocrinologue et suivent leur traitement à domicile. Ils sont à cet âge assez indépendants dans leur traitement et ne passent pas par la médecine scolaire.

Ni le Ministère de la Santé ni le Ministère de la Sécurité sociale ne dispose de données sur le nombre absolu de personnes atteintes d'un diabète. Néanmoins, sur base du remboursement des médicaments antidiabétiques par la Caisse nationale de santé (CNS), une estimation peut être produite. La sélection se limite aux personnes protégées résidentes qui ont acheté des antidiabétiques dans une pharmacie ouverte au public au Luxembourg et qui ont été remboursées par la CNS. Ce nombre ne comprend que les personnes qui suivent un traitement pour leur diabète. En conséquence, les personnes protégées atteintes du diabète sans avoir recours à une médication ne sont pas comprises.

Les antidiabétiques peuvent être classés en deux groupes : les médicaments injectables, notamment l'insuline et ses dérivés, et les antidiabétiques oraux. En général, les malades atteints d'un diabète de type 1 se retrouvent plutôt dans le groupe des médicaments du type insuline tandis que ceux atteints du diabète de type 2 se retrouvent plutôt dans le groupe des antidiabétiques oraux. Toutefois, certains malades ont recours à des médicaments des deux groupes indépendamment de leur type de diabète et le type de diabète ne détermine pas d'office le traitement administré. Par conséquent, le traitement médical à lui seul ne suffit pas pour différencier entre le diabète de type 1 et 2.

En 2021, 304 enfants et adolescents ont bénéficié d'un remboursement de la CNS pour l'achat d'anti-

diabétiques dans une pharmacie ouverte au public au Luxembourg. Parmi ces 304 patients, 215 ont acheté des antidiabétiques à injecter (insuline) et 61 des antidiabétiques oraux (tableau 1). La sélection des médicaments est opérée suivant le code ATC dans lequel ils sont classés.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 2) En 2021, 6.058 personnes protégées résidentes, dont 819 enfants et adolescents, ont bénéficié d'un remboursement de la part de la CNS pour des soins diététiques<sup>1</sup> prestés au Luxembourg (tableau 2). Au total, 21.533 remboursements pour des soins diététiques ont été effectués pour cette même année, ce qui représente une augmentation de 56,7 % par rapport à l'année précédente.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 3) À défaut de code spécifique relatif à un traitement de groupe dans la nomenclature des actes et services des diététiciens une prise en charge par l'assurance maladie est impossible.

Néanmoins, la nomenclature de l'endocrinologie vient d'être finalisée entre les professionnels de santé et la Caisse nationale de santé (CNS). Elle fera l'objet d'une demande standardisée lors d'une prochaine réunion utile de la Commission de nomenclature. La proposition de nomenclature comprend un nombre important d'actes, 16 en tout, pour améliorer la prise en charge et le suivi de la maladie diabétique chez l'adulte et le mineur incluant également des actes d'éducation thérapeutique, dont deux nouveaux actes sont prévus.

ad 4) Le délai d'attente chez les diététiciens libéraux n'est pas connu du Ministère de la Santé et peut varier d'un professionnel à un autre. Suite aux examens de dépistage en médecine scolaire et lors d'un constat d'existence d'un problème de glycosurie ou même de surcharge pondérale, un avis est envoyé aux parents d'élèves afin de consulter leur médecin traitant.

En parallèle, une consultation gratuite est proposée aux élèves dans les services diététiques offerts par la Ligue médico-sociale. Le délai de consultation est de plus ou moins un mois selon le retour des avis.

**Question 5566** (25.01.2022) de **M. Sven Clement** (Piraten) concernant la **médecine environnementale** :

Am Koalitionsaccord hu sech d'Regierungsparteien am Beräich vun der Ëmweltmedezin eng ganz Rei Ziler gesat. Esou soll eng Grond- a Weiderrbildung am Beräich vun der Ëmweltmedezin entstoen, eng interministeriell Plattform geschaf ginn, sougenannt „clean rooms“ an de Spideeler opgemaach ginn, d'Käschte vun ëmweltmedezinesche Behandlungen an Zukunft vun der Krankekeess iwwerholl ginn an déi entspreichend Nomenclature un d'EU ugepasst ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch fir Gesondheet dës Froe stellen:

1. Wou sinn d'Aarbechten un der Grondausbildung an der Ëmweltmedezin drun? Wéini wäerten déi éischt Persounen dës Formatioun maache kënnen?

2. Wéi gesäit et mat der Bereetstellung vu sougenannt „clean rooms“ an de Spideeler aus? Wéi vill esou Zëmmere gëtt et schonns a wéi vill sollen der nach kommen?

3. Wéi wäit sinn d'Aarbechten, déi d'Remboursementer an d'Nomenclature am Beräich vun der Ëmweltmedezin betreffen? Ab wéini kann hei mat Remboursementer gerechent ginn?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1. Am 4. Semester vum Medezinbachelor, deen op der Uni.lu ugebueden gëtt, ass ee Module iwwert d'Ëmweltmedezin vun insgesamt 15 Stonne virgesinn.

ad 2. D'Fro vun der Bereetstellung vu sougenannte „clean rooms“ an de Spideeler wäert am Kader vum Konzept iwwert d'Emweltmedizin, wat de CHEM bis zum 15. Mee fäerdegstelle wäert, afléissen.

ad 3. Bis zu dësem Zäitpunkt gouf d'Nomenclatureskommission nach net saisiéiert mat enger standardiséierter Demande betreffend d'Aschreiwung vun Akten a Servicer an eng Nomenclature am Kader vun der Ëmweltmedezin.

De CHEM gouf vum Gesondheitsministerium invitéiert, fir en detailléierte Konzept iwwert de Fonction-

nement vun engem ëmweltmedezinesche Service bis de 15. Mee 2022 virstellen. Um Enn vun dëser Period an nodeems d'Evaluatioun realiséiert gouf, kéint der d'Nomenclatureskommission eng standardiséiert Demande fir medezinesch Akten am Kader vun der Ëmweltmedezin ënnerbreede ginn.

**Question 5575** (25.01.2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV) concernant les **recommandations de l'Observatoire national de la qualité scolaire** :

Dans le domaine de l'éducation, le Luxembourg participe depuis 20 ans régulièrement à des études d'évaluation systémique, menées à l'échelle nationale et internationale, afin de pouvoir fonder ses décisions politiques sur des données empiriques solides. L'Observatoire national de la qualité scolaire (ONQS) en a récemment dressé un bilan (intitulé « Le bilan de l'évaluation systémique de l'éducation au Luxembourg ») et il a formulé les trois recommandations suivantes :

« 1) L'ONQS promeut une cohérence renforcée en matière de gouvernance à deux niveaux. D'une part, une formulation d'objectifs du système éducatif (Bildungsziele) intelligibles et mesurables et, d'autre part, l'établissement d'une procédure transparente de prise de décision en matière d'éducation.

2) L'ONQS recommande d'établir une stratégie à long terme en matière d'évaluation systémique afin de pouvoir mesurer l'impact des mesures ou réformes mises en œuvre à l'échelle nationale ou locale.

3) L'ONQS recommande de clarifier les principes de gestion et d'exploitation des données disponibles, provenant d'évaluations systémiques nationales et internationales ou issues du fonctionnement administratif et organisationnel - et cela tant pour l'éducation formelle que pour l'éducation non formelle - afin d'optimiser l'utilisation des données, d'améliorer la qualité des analyses et d'élargir l'envergure des études dans le but d'améliorer la qualité scolaire. »

C'est dans ce contexte que je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

- À titre général, Monsieur le Ministre peut-il me renseigner sur la mise en œuvre des recommandations susmentionnées ? Quel en est le calendrier ?

- À titre particulier, quelles mesures ont déjà été entamées et sous quelle forme ?

**Réponse** (28.02.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

Le rapport « Le bilan de l'évaluation systématique de l'éducation au Luxembourg » montre de manière très détaillée les moyens mis en œuvre par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE) au cours des 20 dernières années et, en particulier, au cours des cinq dernières années, pour être en mesure d'évaluer en permanence les systèmes d'éducation formelle et non formelle au Luxembourg et de se donner les moyens de prendre des décisions fondées sur des données objectives. Il s'agit bien sûr d'un long processus qui doit d'abord être mûrement réfléchi et ensuite être considéré de façon nuancée.

Le rapport de 2020 montre bien comment le Luxembourg a commencé, à la fin du 20<sup>e</sup> siècle, à sérieusement prendre en considération le monitoring et l'évaluation du système éducatif et à participer à des études internationales. Il montre également comment celles-ci ont eu et continuent à avoir un impact sur la politique éducative, et comment, en plus, le suivi national du système éducatif s'est progressivement construit.

Depuis la jonction, en 2013, du Département de l'éducation nationale, chargé de l'éducation formelle, avec celui de l'enfance et de la jeunesse, chargé de l'éducation non formelle au sein d'un seul ministère, un certain nombre d'étapes supplémentaires ont été franchies vers une utilisation judicieuse des données et des expériences des établissements et structures d'enseignement et d'éducation, qu'elles soient issues de la recherche ou de données administratives.

Voici les étapes les plus importantes de ce processus :

- 2015 : introduction du rapport national sur l'éducation, fruit d'une coopération entre le Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) et le Luxembourg Centre for Educational Testing (LUCET), qui fait le point tous les trois ans. Le premier rapport sur l'éducation a été publié en 2015, le dernier en décembre 2021. Les éditions 2018 et 2021 sont intégralement disponibles sur [www.bildungsbericht.lu](http://www.bildungsbericht.lu). On y trouve également d'autres collectes de données et des informations sur les rapports.

- 2018 : en plus des études internationales PISA et HBSC, le Luxembourg participe depuis 2018 à l'étude ICILS, ce qui lui permet d'acquérir une référence internationale en matière de digitalisation

dans les écoles. Au niveau national, cette étude apporte également des informations complémentaires et des conclusions sur la situation dans les différentes écoles. En 2023, le Luxembourg participera à cette étude pour la deuxième fois.

- 2018 : mise en place de l'Observatoire national de la qualité scolaire (ONQS), qui a pour mission d'évaluer et de contrôler la qualité des enseignements dispensés dans le système éducatif luxembourgeois.

- 2018 : mise en place de la Division du développement des établissements scolaires (<https://www.developpement-scolaire.lu/>) ainsi que de la fonction d'instituteur spécialisé en développement scolaire. Grâce à cette équipe, les écoles sont fortement encouragées à gérer les données qui les concernent de manière productive et à les utiliser à bon escient dans leurs efforts en matière de développement scolaire.

- 2018 : mise en place de la Division du curriculum au sein du SCRIPT. De cette façon, les processus relatifs au développement des programmes sont professionnalisés. Ainsi, depuis, des finalités pédagogiques transversales ont été formulées pour l'ensemble des parcours à l'ESC et à l'ESG, les cursus des disciplines sont constamment ajustés par les commissions nationales des programmes. Actuellement, en 2022, la division est en train de revoir, dans le cadre d'un large processus participatif, les finalités pédagogiques de l'enseignement fondamental, ce qui devrait aboutir à un nouveau plan d'études en 2025 ([www.curriculum.lu](http://www.curriculum.lu)).

- 2020-2025 : extension des Épreuves standardisées (EpStan). Il y a lieu de souligner que le système des EpStan est actuellement en cours de révision et d'extension, afin de pouvoir collecter d'une part, des informations dans des situations de crise (comme lors de la pandémie dans le cadre des deux dernières éditions), d'autre part, pour être à même de mesurer l'impact des mesures mises en place en faveur de l'éducation de la petite enfance et finalement pour pouvoir inclure le système des écoles internationales publiques.

Concernant le premier point, à savoir la collecte de données en temps de crise, l'outil a déjà fait ses preuves, étant donné qu'en novembre 2020 et en septembre 2021, de précieuses informations sur la gestion et l'impact de la crise Covid-19 ont ainsi pu être recueillies.

Pour le deuxième et le troisième point, les données seront collectées pour la première fois en novembre 2022, ce qui permettra un premier bilan des mesures de soutien au niveau de la petite enfance et des offres internationales au printemps 2023, tout en sachant qu'il s'agira bien sûr encore de résultats très provisoires.

- 2020 : lancement du projet Bridge Builder ([www.bridgebuilder.lu](http://www.bridgebuilder.lu)), fruit d'une coopération entre l'Université du Luxembourg (LUCET) et le MENJE (SCRIPT). Ce projet permet de coordonner la recherche en éducation au Luxembourg et également de constituer une base de données autour de la recherche au Luxembourg. Cela rend la recherche dans le système plus transparente et elle peut donc être mieux utilisée à tous les niveaux du système éducatif.

- 2020 : depuis 2018, la Division du traitement de données sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire et éducative du SCRIPT a créé un tableau de bord qui vise à établir une image précise et complète de la qualité du système éducatif et à guider les décisions en matière de politique éducative. L'outil est actuellement disponible en version provisoire sur [www.edustat.lu](http://www.edustat.lu).

En outre, cette division a renouvelé, ces dernières années, toutes les publications de statistiques et d'autres publications se basant sur des données tout en révisant les bases de données. Ces publications sont disponibles sur : [https://men.public.lu/fr/publications.html?r=f%2Faem\\_theme%2Ftags\\_theme%3Amen%5Cstatistiques-etudes&](https://men.public.lu/fr/publications.html?r=f%2Faem_theme%2Ftags_theme%3Amen%5Cstatistiques-etudes&).

- 2022 : extension de l'Observatoire national de la qualité scolaire.

La création d'un Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire signifie un rapprochement concret entre les mondes éducatifs, mais aussi une nouvelle perspective sur les enfants et les jeunes dans la société luxembourgeoise. Au-delà, l'Observatoire est aussi conçu comme un signal, vers la société, de l'importance d'un dialogue en faveur des enfants et des jeunes, inspiré par la promotion de leur bien-être et de la défense de leurs intérêts, que le nouvel observatoire nourrira avec dévouement.

Toutes ces actions combinées montrent comment le système éducatif luxembourgeois est devenu plus tangible ces dernières années, pour les acteurs à tous les niveaux du système, dans les écoles, dans les administrations, dans la politique éducative et au-delà pour tous les publics concernés et intéressés par l'éducation.

## Le saviez-vous ?

### PROPOSITION DE LOI

Une proposition de loi est une initiative législative émanant d'un député. De même que pour les projets de loi, l'auteur de la proposition de loi expose l'objectif de sa proposition et en commente les articles.

<sup>1</sup> Uniquement les prestations contenues dans la nomenclature des actes et services des diététiciens, entrée en vigueur le 1<sup>er</sup> janvier 2019, sont considérées.





**Question 5578** (26.01.2022) de **M. Marc Spautz** (CSV) concernant le **comportement désobligeant dans les structures d'accueil pour enfants** :

Am Mee 2020 huet an Däitschland e Fall schockéiert vun engem klengem Meedchen, dat vu senger Educatrice esou schwéier mëssshandelt gouf, dass et u senger Verletzung verstuerwen ass.

An Däitschland huet d'Bundesarbeitsgemeinschaft „Mehr Sicherheit für Kinder e.V.“ eng representativ Émfro lancéiert, déi d'Direktiounen vu Crèche befreet, ob a wéi heefeg se „verletzendes Verhalten“ an hire Raimlechkeete wouergeholl hunn. 20 % hätten „heefeg“ ugin.

Et hätt ee festgestallt, datt enner anerem Stress an Iwwerforderung vun den Educateuren/trichen Schold un deem Verhale wieren. Esou géif et u Personal feelen, d'Gruppe vu Kanner, déi op een/eng Educateur/trice kommen, wieren ze grouss. Och hätt ee festgestallt, datt et heiansdo u Fachlechkeet géif feelen. Eng Ausbildung zum Thema „feinfühligler Umgang mit Kindern und Kinderschutzkonzepte“ gétt elo op d'Bee gestallt.

Och wann esou Fäll vu „verletzendes Verhalten“ sécherlech schlëmm Ausnahmefäll duerstellen, wéilt ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Regierung mir matdeelen, wéi vill Fäll vu „verletzendem Verhalten“ et déi lescht Joren an eise Crèche gouf? Ginn et dozou Statistiken?

2. Falls net, huet d'Regierung och wëlle, esou eng Émfro bei de Crèchendirektiounen ze maachen?

3. Falls jo, an am Fall wou esou e Verhale festgestallt gouf, wat sinn d'Grënn dofir? Lait et och un Iwwerforderung a Stress duerch Manktem u Personal?

4. Wat gesäit d'Regierung vir, an deem Fall ze maachen? Plangt d'Regierung och eng Ausbildung zum Thema „feinfühligler Umgang mit Kindern und Kinderschutzkonzepte“ anzeféieren?

**Réponse** (28.02.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

ad 1. Wat d'Crëchen ubelaangt, huet et sech bei fënnf Reklamatiounen, déi den Educationsministère (MENJE) zanter 2019 erakrut, ëm en direkte Verdacht vu verletzendem Verhale vun engem Mataarbechter oder Gestionnaire gehandelt. D'Prozedur gesäit an deem Fall vir, datt de Parquet, deen hei zoustänneg ass, informéiert gétt.

ad 2. Eng Émfro ass de Moment net geplangt. De MENJE setzt hei virun allem op Präventioun. Eng breet ugeluechten Informatioun a Sensibiliséierung vum Secteur steet am Vierdergrond. Sou ass op Initiativ vum Educationsministère mam Justiz- a Gesondheetsministère d'Brochür „Maltraitance de Mineur: Procédures à suivre par les professionnels de l'Enfance et de la Jeunesse“ verëffentlecht ginn. Hei sinn d'Prozedure festgeluecht, déi déi Professionell, déi a Kontakt mat Kanner a Jugendlecher sinn, anhalen sollen, wa si Verdacht op Mësshandlung vun engem Kand hunn, ob d'Faite privat oder am institutionelle Kader stattfonnt hunn.

ad 3. D'Grënn fir e verletzend Verhale kënnen vill-schichteg sinn.

Zu de genaue Grënn kann de MENJE keng Ausso maachen, well d'Zoustännegkeet an deem Fall beim Parquet lait. Ze bemerken ass, datt d'Personal aus dese Strukturen den MENJE net direkt ennersteet. D'Servicer gi vu privaten oder öffentleche Gestionnaire verwalt. Hei ass et um Gestionnaire, favorabel Aarbechtskonditiounen ze schafen, déi dem Personal erlaben, säin nonformale Bildungsoptag beschtméiglech ëmzesetzen.

ad 4. Am nationale Bildungsrahmenplan vun der nonformaler Bildung, deen seng gesetzlech Basis am modifizéierte Jugendgesetz vun 2008 huet, ass festgehalen, datt d'Personal e respektvollen, net gewaltsamen an altersgerechten Émgang mat de Kanner ze huelen huet. Et gétt hei enner anerem och e Kapitel iwwer d'Kannerrechter, wou ennerstrach gétt, datt all Kand géint Gewalt muss geschützt ginn.

Weiderbildungen an deem Beräich ginn et schonn zanter enger Rei Joren an dës ginn och reegelméis-

seg ugepasst. Hei gétt eng grouss Wichtigkeet op d'Haltung vum Erzéier geluecht. Am Beräich vun der nonformaler Bildung ass eng reegelméisseg Weiderbildung vun alle Persounen, déi mat de Kanner schaffen, verpflichtend.

**Question 5582** (26.01.2022) de **Mmes Stéphanie Empain** et **Djuna Bernard** (*déi gréng*) concernant le **mouvement diplomatique** :

Le corps diplomatique du Luxembourg est au service du pays et de ses citoyen-ne-s. Il représente le Luxembourg à l'étranger, il défend et promeut les intérêts politiques et économiques du pays, contribue à son rayonnement culturel et veille à la défense et la représentation des intérêts des citoyen-ne-s luxembourgeois-es à l'étranger. Chaque année, il y a des changements dans la composition du corps diplomatique.

Dans ce contexte, nous aimerions avoir les renseignements suivants de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Comment le mouvement diplomatique est-il organisé chaque année ? Quels sont les critères selon lesquels les diplomates luxembourgeois sont envoyés à l'étranger ? Quels critères sont appliqués afin de décider si un-e diplomate se voit attribuer un poste à l'étranger ou bien un poste au Luxembourg ?

2) De quelle façon les postes d'ambassadeurs sont-ils attribués ?

3) Combien de femmes sont dans la carrière diplomatique ? Combien d'hommes sont dans la carrière diplomatique ? Comment ces chiffres ont-ils évolué pendant les dernières dix années ?

4) Comment le principe de la politique étrangère féministe est-il appliqué dans le processus d'attribution des postes diplomatiques ?

5) L'accord de coalition 2018-2023 stipule que « le cadre législatif du corps diplomatique sera modernisé » (p. 221). Le ministre envisage-t-il de réformer la loi du 30 juin 1947 portant organisation du Corps diplomatique ? Dans l'affirmative, dans quels délais ?

6) Toujours dans l'affirmative, de quelle manière les membres du corps diplomatique sont-ils impliqués dans le processus de modernisation du corps diplomatique ?

**Réponse** (28.02.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1) Le mouvement diplomatique est lancé chaque année en automne pour devenir effectif au courant de l'année suivante pendant la période estivale.

Suite à la consultation de tous les agents diplomatiques quant à leur disposition à changer de poste, la liste des postes déclarés vacants est établie sur la base d'un certain nombre de critères : une affectation à l'étranger dure en principe quatre ans, une extension d'une année n'étant accordée que dans des cas exceptionnels pour des raisons dûment motivées ; les agents diplomatiques détachés dans des postes à pénibilité peuvent solliciter une réaffectation après trois ans de détachement ; la carrière de diplomate se compose d'affectations alternantes à la capitale et à l'étranger.

Les agents peuvent postuler pour des postes déclarés vacants, en indiquant trois préférences au moins. L'attribution des postes se fait sur base de l'ancienneté, de l'expérience professionnelle et de l'intérêt du service. Dans la mesure du possible, le Ministère tient compte de considérations d'ordre personnel.

La nouvelle affectation est communiquée aux agents en principe en début d'année, afin de leur permettre de prendre, en temps utile, les dispositions nécessaires en vue d'une nouvelle affectation, y compris l'inscription scolaire des enfants, pour ceux que cela concerne.

ad 2) Tout comme les autres postes diplomatiques, les postes d'ambassadeurs sont attribués, dans le cadre du processus décrit ci-dessus, en fonction de l'ancienneté et du parcours professionnel des agents ainsi que de l'intérêt du service.

ad 3) En début 2022, le corps diplomatique compte 97 hommes et 72 femmes. En 2012, il comptait 81

hommes et 32 femmes. De 2012 à 2022, le taux des femmes diplomates a dès lors progressé de 28,3 % à 39 % alors que le nombre de diplomates a augmenté de 113 à 159 agents.

ad 4) L'augmentation constante du nombre de femmes dans le corps diplomatique luxembourgeois tout comme une politique active d'égalité des genres se reflètent dans l'attribution de postes à tous les niveaux de la carrière diplomatique.

ad 5) Les travaux sur la réforme du cadre législatif du corps diplomatique sont en cours et notamment la réforme de la loi de juin 1947 portant organisation du corps. Il est prévu de déposer les projets législatifs pertinents au courant de la législature.

ad 6) Les grands axes de la réforme sont présentés et débattus lors des conférences diplomatiques et le Ministère se base sur les retours d'expérience des agents diplomatiques pour moderniser les textes et les adapter aux réalités du 21<sup>e</sup> siècle.

**Question 5587** (26.01.2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) concernant la **croissance de l'emploi** :

Selon les dernières statistiques établies par l'Inspection générale de la sécurité sociale sur la situation de l'emploi, le Luxembourg comptait quelque 490.000 salariés, salariés intérimaires, fonctionnaires et non-salariés en date du 31 août 2021.

Après une croissance plus lente entre juillet 2020 et avril 2021, la croissance de l'emploi s'est de nouveau accélérée durant les derniers mois. Or, ces statistiques ne tiennent pas compte de l'emploi dans certains secteurs, dont notamment les fonctionnaires et employés européens.

- J'aimerais dès lors savoir de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale et de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes quel est l'emploi total au Luxembourg si on considère l'emploi des institutions européennes établies au Luxembourg.

- Quelle est actuellement la situation de l'emploi de ces institutions ?

- Y a-t-il d'autres emplois qui ne sont pas pris en compte dans les statistiques de l'IGSS et, le cas échéant, lesquels ?

**Réponse commune** (28.02.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale*, de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*, et de **M. Georges Engel**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire* :

Le chiffre de l'emploi publié mensuellement par l'IGSS concerne uniquement les personnes travaillant au Luxembourg et qui sont affiliées au système de sécurité sociale luxembourgeois (489.317 actifs au 31 août 2021).

Les institutions européennes et internationales implantées au Luxembourg communiquent au Statec leurs données pour les travailleurs résidents au 31 décembre d'une année N durant l'été de l'année N+1. Ces dernières sont dénombrées une fois par an par le Statec dans le cadre du « Recensement de l'emploi des organisations internationales implantées au Luxembourg ». Les derniers chiffres connus sont ceux du 31 décembre 2020. Les données du 31 décembre 2021 seront connues à la fin de l'été 2022.

D'après le recensement effectué par le Statec en 2021 portant sur la situation au 31 décembre 2020, 10.916 personnes résidentes travaillaient auprès des institutions européennes établies au Luxembourg et 964 personnes résidentes travaillaient auprès des institutions internationales établies au Luxembourg.

Ainsi, au 31 décembre 2020, le Statec comptait 11.880 agents et fonctionnaires internationaux résidents travaillant au Luxembourg. À ces données s'ajoutent les agents et fonctionnaires internationaux non-résidents travaillant auprès des institutions européennes et internationales établies au Luxembourg, mais dont les données ne sont pas directement disponibles.

L'addition des chiffres de l'IGSS et du Statec fournit un ordre de grandeur très précis de l'emploi total au Luxembourg, même si le nombre d'agents et fonctionnaires internationaux n'est pas actualisé mois par mois. En effet, les données du Statec, même en portant uniquement sur les agents et fonctionnaires internationaux résidents, indiquent une croissance annuelle constante de l'emploi des institutions européennes et internationales au cours des dernières années, de sorte que l'emploi total au Luxembourg s'élevait ainsi à quelque 502.000 actifs en août 2021.

Concernant les détachements, il faut préciser que les détachements de l'étranger vers le Luxembourg ne sont pas inclus dans les statistiques sur l'emploi de l'IGSS, puisque les personnes concernées ne sont pas affiliées au système de sécurité sociale

luxembourgeois. En effet, ces personnes restent affiliées au régime de sécurité sociale du pays de détachement.

Toutefois, les détachements de l'étranger vers le Luxembourg doivent être notifiés à l'Inspection du travail et des mines (ITM). Ainsi, suivant les informations obtenues par l'ITM, 162.734 détachements ont été notifiés en 2021. À noter qu'un salarié peut être détaché plusieurs fois sur une période donnée en fonction de la durée du détachement. À ce stade, il n'est donc pas possible de dénombrer le nombre de personnes concernées par ces détachements.

**Question 5592** (27.01.2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR) concernant le **retour du loup** :

Op meng mëndlech Fro (N° 0273) iwwert d'Presenz vum Wollef zu Lëtzebuerg hat d'Madamm Ministesch mir geäntwert, datt een d'Äntwerten zu all menge Froen an der Broschüre „Wölfe in Luxemburg“ kéint nosichen. Hei kann een effektiv Folgendes liesen: „Neben Wildtieren fallen auch Nutztiere ins Beuteschema der Wölfe. Vor allem ungeschützte Schafe und Ziegen sind für den Wolf eine leichte Beute. Finanzielle Einbußen für deren Besitzer, sowie Akzeptanzverluste sind die Folgen. Um Übergriffen vorzubeugen, können verschiedene Präventionsmaßnahmen wie Elektrozäune oder Herdenschutzhunde angewandt werden. Diese sind förderungsfähig und senken das Risiko von Übergriffen auf ein Minimum; hundertprozentigen Schutz gibt es allerdings nicht. Sollte es dennoch zu Verlusten durch den Wolf kommen, werden diese vom Staat entschädigt“. Allerdings beantwortet d'Broschüre a kenger Weis meng konkret Froen zu de Gefore von der Presenz vum Wollef am Hibleck op d'Schof- a Geessenziichter.

An deem Kontext erlaben ech mir, nach eemol dës Froen un d'Madamm Ëmweltministesch ze riichten:

1. Fir hir Häerde besser ze schützen, brauchen d'Schof- a Geessenziichter méi héich Clotüre vun annerhallwem bis zwee Meter. Kréien déi dovou betraffe Leit eng finanziell Ennerstëtzung vum Staat fir dës zousätzlech Investitioun?

2. Am Fall wou e Wollef en Déier räisst an déi aner Déiere fortlafen, z. B. op eng Strooss, wou si méiglecherweis ugestouss ginn: Wien iwwerhëlt am genannte Fall d'Onkäschten, respektiv d'Nofollgekäschten?

3. Am Fall wou sech de Wollef weider ausbreit, hunn d'Erfahrungen aus dem Ausland gewisen, datt d'Schof- a Geessenziichter zousätzlech en Häerdeschutzhund brauchen, ewéi z. B. de französische Pyrenäebierghond. Wie géif an deem Kontext finanziell fir d'Beschafen an d'Ausbildung vun esou engem Hond opkommen?

4. Am Fall wou déi betraffe Leit effektiv vu staatlechen Hëllef profitéiere sollten: Opgrond vu wéi enger Basis, respektiv no wéi enge Parametere ginn dës Hëllef berechent? Ginn dës Hëllef en der Gréisst vum Betrib gerechent oder ginn et hei weider Parametere? Wa jo, wéi gesinn dës Parametere konkret aus?

**Réponse** (28.02.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

Preliminär Bemerkungen

All d'Äntwerten op d'Froen vum éierewärten Deputéierten stinn am Kapitel 5 vum Aktiouns- a Managementplang, dee mat allen Acteuren aus dem Secteur zesummen ausgeschafft ginn ass, vun insgesamt 18 Auteuren. Jiddereen, dee sech fir dee Plang interesséiert, kann deen och um Internet op [www.emwelt.lu](http://www.emwelt.lu) op Däitsch an op Franséisch liesen. All Bauer, all Juegdpiechter an all Schofsziichter krut esou ee Plang geschéckt.

Et sinn och säit 2015 ronn 20 öffentlech Presentatiounen ofgehalen ginn, wou iwwert de méigleche Retour respektiv iwwert de Retour vum Wollef geschwat gouf, déi vun iwwer 4.200 Leit besicht goufen, dorënner ganz vill Baueren a Jeeër. Den 3. März 2022 um 19.30 Auer ass am Kader vum World Wildlife Day 2022 nees esou eng Presentatioun, organiséiert vun der Naturverwaltung, dem Naturmusée an der Gemeng Wëntger. Den éierewärten Deputéierten ass häerzlechst invitéiert, déi nozelauscheren. Aschreiw kann ee sech ënnert deem Link: <https://gd.lu/4rBwbw>.

ad 1. D'Bierger kréien enner gewësse Bedingungen eng finanziell Ennerstëtzung vum Staat fir Präventivmoossnamen.

ad 2. Esou Saache si relativ schwiereg ze beweisen an oft Spekulation, genee wéi et de Moment och schonn oft mat Hënn ass, déi Notzdeiere joen.

ad 3. De Staat géif sech enner gewësse Bedingungen un de Käschte vun Häerdeschutzhënn bedeelegen.

ad 4. Déi besoten Hëllef ginn net no der Gréisst vum Betrib gerechent, mee nom Käschtelpunkt vun de Präventivmoossnamen.

## Le saviez-vous ?

### QUESTIONS

Dans le cadre de ses moyens de contrôle et de surveillance par rapport aux affaires gouvernementales, la Chambre, par le biais de ses membres, a le droit de poser des questions aux membres du Gouvernement. La question constitue une demande de renseignements d'un député à un ministre au sujet d'une affaire administrative ou de gouvernement. Le Règlement de la Chambre des Députés prévoit diverses sortes de questions : les questions écrites, les questions urgentes, les questions élargies ainsi que les questions posées lors des heures de questions ou d'actualité.





**Question 5593** (27.01.2022) de **M. Fred Keup (ADR)** concernant la **mise en quarantaine des personnes âgées dans les maisons de retraite** :

Am „Luxemburger Wort“ vum 26. Januar 2022 stoung e Lieserbrëif mam Titel „Stop der Menschenquälerei!“. An deem Brëif bericht e Mann vu senger 100-järegger Schwéiermamm, déi am Altersheim, am Kader vun enger Corona-Testaktioun, positiv getest gouf an doduerch, wéi vum Familljen- a vum Gesondheetsministère ugeuerdent, a Quarantaine koom. Si huet säitdeem 24 Stonnen op 24 eleng an hirem Zëmmer misse verbréngen. D’Fra ass geboostert an huet keng Symptomer. Am Lieserbrëif heescht et: „Als Familie haben wir nur die Möglichkeit, über Telefon und Videoanrufe mit ihr zu kommunizieren, und dabei stellen wir fest, dass diese Situation sie enorm belastet und ihr Allgemeinzustand sich maßgeblich verschlechtert hat. Wir machen uns sehr große Sorgen um sie.“

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d’Madamm Familljeminister an un d’Madamm Gesondheetsminister:

1. Wéi stinn d’Madamme Minister zur Iwwerleeung, datt een an esou Fäll de Wëlle vun de Leit misst respektéieren an ee verhënnere misst, datt duerch esou eng Measure (Quarantaine) den allgemenge Gesondheitszoustand vun der Persoun sech verschlechtert? Kéint ee sech hei net eng méi human a flexibel Reaktioun vun der Regierung virstellen an et beispillsweis der Famill erlaben, ënner Anhale vun de „gestes barrière“, déi al Fra ze besichen?

2. Ginn et Iwwerleeunge bei der Regierung, fir al Leit, déi a Quarantaine sinn, psychologesch ze begleeden an ze ënnerstëtzen?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l’Intégration**, et de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** :

Dat modifizéiert Gesetz vum 17. Juli 2020 (loi modifiée du 17 juillet 2020 portant introduction d’une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19), dat den 12. Februar 2022 a Kraaft getrueden ass, lockert d’Modalitéite vum Isolement, andeems et elo méiglech ass, den Isolement ze verlossen, esoubal een zwee negativ Schnelltester mat 24 Stonnen Ecart opweise kann. D’Measure vun der Quarantaine fir déi Leit, déi Kontakt mat enger Covid-19-positiver Persoun haten, fält vum 12. Februar 2022 u ganz ewech.

Dës Mesuren, déi fir all d’Residente gëllen, gëllen natierlech och an den Alters- a Fleegeheemer.

Wat de Besuch ugeet am Fall vum Isolement vun engem Bewunner aus engem Alters- a Fleegeheim, huet d’Commission permanente pour le secteur des personnes âgées an enger adaptéierter Versioun vun hire Recommandatiounen, déi vum 12. Februar 2022, dëst virgesinn, fir de Besuch och bei Covid-19-positive Bewunner ze erméiglechen:

« 3.4 Les visites et les sorties

[...] »

Les résidents asymptomatiques/paucisymptomatiques (absence de fièvre depuis 24 heures), présentant un test positif, ont la possibilité d’accueillir des visites en nombre limité sous respect des précautions additionnelles par les visiteurs : hygiène des mains, surblouse jetable, gants à usage unique, masque FFP2. Les visites de personnes avec immunodépression sont déconseillées.

[...] »

Am Fall wou Bewunner an Alters- oder Fleegeheemer müssen an Isolement sinn, well se positiv op de Virus getest gi sinn, ass d’Gesondheets- a Fleegepersonal do, fir sech ëm dës Leit ze këmmern.

**Question 5595** (27.01.2022) de **M. Laurent Mosar (CSV)** concernant la **fin du roaming et l’impact sur le Luxembourg** :

En 2017, les frais d’itinérance sur les appels et l’usage Internet au sein de l’Union européenne ont été abolis, ce qui a conduit à une baisse significative des coûts de télécommunication transfrontalière en Europe. Dès lors, avec la sortie du Royaume-Uni de l’Union européenne, les fournisseurs britanniques de réseau mobile sont à nouveau autorisés à facturer des coûts supplémentaires sur les messages et appels vers et depuis les pays de l’Union européenne et les premiers fournisseurs britanniques ont déjà emboîté le pas. Dorénavant, cette hausse des prix de télécommunication entre le Royaume-Uni et les pays de l’Union européenne risque d’avoir des répercussions sur un grand nombre de consommateurs luxembourgeois, eu notamment égard au fait que beaucoup d’étudiants luxembourgeois choisissent le Royaume-Uni comme destination pour leurs études et que la place financière reste intimement liée à celle de Londres.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Madame le Ministre des Finances et à Messieurs les Ministres des Communications et des Médias, de l’Économie et de l’Enseignement supérieur et de la Recherche :

- Quel est, d’après le Gouvernement, l’impact de la fin du roaming sur les étudiants luxembourgeois poursuivant leurs études au Royaume-Uni ? Le Gouvernement songe-t-il à faire bénéficier lesdits étudiants d’un soutien financier particulier ?

- Quel est l’impact de cette hausse des tarifs sur le secteur financier luxembourgeois ? Existe-t-il éventuellement des estimations des surcoûts engendrés par la fin du roaming pour les acteurs de la place financière ? Quels sont les autres secteurs éventuellement touchés par la hausse des tarifs en question ?

- L’Union européenne a-t-elle déjà pris une initiative pour réduire au minimum, voire éviter ces frais supplémentaires à supporter par les consommateurs européens ?

**Réponse commune** (28.02.2022) de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances**, de **M. Claude Meisch, Ministre de l’Enseignement supérieur et de la Recherche**, et de **M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias** :

À l’intérieur de l’Union européenne, lorsqu’un citoyen voyage de son pays d’origine vers un autre pays de l’UE (ce qu’on appelle « itinérance » ou « roaming »), il n’est, depuis l’entrée en vigueur du règlement (UE) 2015/2120 établissant des mesures relatives à l’accès à un Internet ouvert, plus obligé de payer des frais supplémentaires pour utiliser son téléphone portable (ce qu’on appelle l’« itinérance aux tarifs nationaux »). Les appels (vers des téléphones fixes et portables), SMS et services de données sont facturés aux tarifs nationaux, c’est-à-dire aux mêmes prix que les appels, SMS et données au sein du pays d’origine. La même règle s’applique aux appels ou SMS obtenus à l’étranger : aucun frais supplémentaire n’est facturé pour recevoir des appels ou des SMS en itinérance.

Depuis la fin de la période de transition, le Royaume-Uni est traité comme un pays tiers aux fins des règles de l’Union sur l’itinérance.

Les fournisseurs de services d’itinérance établis dans l’Union européenne ou établis au Royaume-Uni ne bénéficient donc plus des règles de l’Union qui plafonnent les tarifs de gros d’itinérance que les opérateurs de réseau peuvent se facturer entre eux pour la fourniture de services d’itinérance au consommateur final.

En conséquence, les opérateurs de l’Union européenne et du Royaume-Uni se trouvent dans une situation semblable à celle d’avant l’existence des règlements européens sur l’itinérance. Ils ont la possibilité de négocier les prix de gros par des accords bilatéraux. Actuellement, il semble que les opérateurs du Royaume-Uni et de l’Union européenne n’enviagent pas de renégocier les accords de gros.

Pour les clients itinérants, la fin de la période de transition signifie qu’ils ne bénéficient plus de l’obligation du fournisseur de ne pas leur facturer de surtaxe en plus du prix de détail national pour l’utilisation des services d’itinérance (appels émis ou reçus, SMS envoyés et services de données).

Malgré la fin de la période de transition, fait est de constater que jusqu’à cette date, tous les opérateurs luxembourgeois continuent à appliquer la réglementation européenne sur l’itinérance au Royaume-Uni. Ainsi, les clients des opérateurs luxembourgeois continuent à bénéficier de l’itinérance au tarif national pour les déplacements occasionnels au Royaume-Uni.

Il n’existe pas de données statistiques sur l’impact de la fin de l’itinérance sur un groupe ou secteur particulier, tels que les étudiants ou le secteur financier.

En vertu de l’accord de commerce et de coopération entre l’Union européenne et la Communauté européenne de l’énergie atomique, d’une part, et le Royaume-Uni de Grande-Bretagne et d’Irlande du Nord, d’autre part, les parties s’efforcent de coopérer en vue de promouvoir des tarifs transparents et raisonnables pour les services d’itinérance internationale, de manière à favoriser la croissance des échanges entre les parties et à améliorer le bien-être des consommateurs.

**Question 5596** (27.01.2022) de **M. Marc Hansen et Mme Chantal Gary (déi gréng)** concernant la **sécurité informatique de la délégation luxembourgeoise lors des jeux olympiques 2022** :

Du 5 au 20 février 2022, les jeux olympiques d’hiver auront lieu à Pékin. Le Luxembourg y sera représenté par deux athlètes.

En amont du départ de leurs délégations respectives et pour cause de préoccupations de sécurité informatique, les comités olympiques de plusieurs

pays dont l’Allemagne et les Pays-Bas ont recommandé à leurs athlètes et autres représentants de ne pas utiliser leurs téléphones et autres appareils électroniques privés en Chine. Par conséquent, ces fédérations ont décidé de mettre à disposition de leurs représentants des téléphones portables dédiés, y compris pour l’installation de l’application officielle « My2022 ». L’utilisation de cette application est obligatoire durant l’événement pour la gestion des certifications de vaccination contre la Covid-19. En effet, le Comité olympique international a demandé aux participants aux jeux olympiques d’installer l’application et d’y télécharger des informations personnelles deux semaines avant le départ vers la Chine.

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Sports :

1) Monsieur le Ministre est-il au courant des préoccupations et recommandations susmentionnées ?

2) La délégation luxembourgeoise s’est-elle vu adresser des recommandations concernant la sécurité informatique de leurs appareils électroniques personnels ?

3) Dans l’affirmative, des appareils alternatifs ont-ils été mis à leur disposition pour l’utilisation à Pékin ? Dans la négative, une telle mesure est-elle encore envisagée avant le départ de la délégation ?

**Réponse** (01.03.2022) de **M. Georges Engel, Ministre des Sports** :

En réponse à la question parlementaire au sujet de la sécurité informatique de la délégation luxembourgeoise lors des Jeux olympiques d’hiver à Pékin, je tiens tout d’abord à préciser que la sélection des athlètes, voire la composition de la délégation luxembourgeoise, et de ce fait également l’organisation générale de la participation d’une délégation luxembourgeoise aux Jeux olympiques est de la compétence du Comité olympique et sportif luxembourgeois (COSL).

En amont des jeux d’hiver et d’ailleurs également après leur clôture, le COSL a assuré qu’il était en pleine conformité avec toutes les prescriptions en place et ce en étroite collaboration avec les services de l’Ambassade du Luxembourg à Pékin. Sur demande du Ministère des Sports, le COSL a confirmé avoir pris les dispositions nécessaires et conféré les instructions utiles aux membres de la délégation luxembourgeoise avant le départ.

Après le retour, le COSL a déclaré qu’il n’y a pas de nouveau développement en la matière.

**Question 5597** (27.01.2022) de **Mme Martine Hansen, MM. Claude Wiseler et Marc Spautz (CSV)** concernant le **programme de bachelor de l’infirmier** :

An enger Réunion jointe vun der Santé- an Educatiounscommissioun, den 9. November 2021 huet den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung déi grouss Linne vun der Reform vun de Gesondheetsberufsbildungen virgestallt. Deemo wier de Lancement vun engem Bachelorsprogramm fir Infirmier de soins généraux vum akademesche Joer 2023/2024 u geplangt. Och wiere véier Bachelorsprogrammen „infirmier spécialisé“ virgesinn, déi entweder 2022/2023 oder 2023/2024 géife lancéiert ginn. Zween Bachelorsprogrammer fir d’Hiewannsformatioun an Assistant médical de radiologie géife viraussichtlech am Joer 2024/2025 starten.

An dëser Reunioun huet d’Madamm Gesondheetsministesch och matgedeelt, datt d’Attributiounen vun de verschiddenen Infirmierskategorien aktualiséiert géife ginn.

Den 22./23. Januar 2022 ass am „Luxemburger Wort“ eng Annonce publizéiert ginn fir e Recrutement vun engem Professeur ordinaire en sciences infirmières op der Uni Lëtzebuerg. An dëser Annonce ass ënner anerem ze liesen: « Sept nouveaux Bachelors en soins infirmiers (bachelor infirmier responsable de soins généraux, et autres bachelors dans les domaines de la chirurgie, anesthésie réanimation, pédiatrie, santé mentale, sage-femme, radiologie) sont désormais prévus pour une ouverture à partir de septembre 2023. »

An dësem Kontext wëlte mir gäre follgend Froen un d’Regierung stellen:

- Wéi wäit ass d’Preparatioun vun dësen neie Formatiounen?

- Wéi wäit ass den LTPS an d’Preparatioun vun dëse Formatiounen matagebonnen?

- Sinn déi véier Bachelorsprogrammen „infirmier spécialisé“ fir 2022/2023 oder 2023/2024 virgesinn?

- Wéi geet de Rekrutement vun den Enseignantë weider, respektiv a wellechem Mooss ginn déi aktuell Enseignantë vum LTPS an déi nei Formatiounen integréiert?

- Sinn déi prezis Profiller vun den neie Formatiounen schonns ausgeschafft? Wëssend, datt eng Formatioun normalerweis jo op den Attributiounen opbaut, wéi wäit müssen dës Attributiounen deementsprechend modifiéiert ginn a wéi wäit si Virbereedungsarbechten? Wéini sollen dës Arbechten ofgeschloss ginn? Wéi wäit sinn d’Acteuren um Terrain an dës Arbechte matagebonnen?

- Wéi wäert d’Arbechtsopdeeling tëschent der Uni Lëtzebuerg an dem LTPS organiséiert ginn?

- Am September 2024 soll en neie Lycée fir Santé-beruffer fir 1.200 Schüler seng Dieren opmaachen. Wéi soll dat mat den neie Gegebenheeten an der Praxis organiséiert ginn?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **M. Claude Meisch, Ministre de l’Enseignement supérieur et de la Recherche**, **Ministre de l’Éducation nationale**, **de l’Enfance et de la Jeunesse**, et de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** :

Mir reagéieren op den honorabelen Deputéierten hir Fro mat dëse Prezisiounen.

Am Mee 2021, nodeems d’Regierung eng Reorganisatioun vun de Formatiounen fir gewësse Gesondheetsberuffer decidéiert hat, huet de Minister fir Héichschoul a Fuerschung der Universitéit Lëtzebuerg e Mandat ginn, fir d’Méiglechkeet vu Bachelorformatiounen am Beräich Infirmier ze analyséieren. D’Universitéit Lëtzebuerg huet doropshin e Chargé de mission ernannt an huet no ëmfängreicher Reflexiounen favorabel op déi Demande reagiert.

D’Universitéit Lëtzebuerg wäert an den nächste Jore siwe Bachelorformatiounen am Beräich vun de Gesondheetsberuffer ubidden, wouvun déi éischt Bachelorformatiounen am Beräich vun den Infirmiers spécialisés ab der Rentrée 2023 lancéiert ginn. Een éischten Entwécklungsplang fir déi verschidde Bachelore mat enger Schätzung vun de finanziellen Käschten an de Besoine vun de Ressourcë gouf am Juli 2021 dem Conseil de gouvernance vun der Universitéit virgeluecht. Gläichzäiteg gouf e Begleedungscomité vun internationale Spezialisten opgesat, deem d’Universitéit Lëtzebuerg soll begleede bei der Opstellung vun de verschidde Curricula a bei der Orientatioun vun den néidege Recrutermenten. De Recrutement vun engem éischten Universitätsprofesser ass am Lafen an déi Persoun soll d’Organisatioun vun de verschidde Formatiounen ënner sech hunn an d’Fuerschung an deem Beräich opbauen.

D’Universitéit Lëtzebuerg huet e reegelméisseg Austausch mam LTPS, an déi genee Zesummenaarbecht bleift nach ze definéieren. D’Universitéit ass responsabel fir d’Ausaarbechtung vun de Curricula a fir d’Organisatioun vun de Bachelorformatiounen zesumme mat der Qualitéitssécherung a wäert hir Expertise a verschidde wëssenschaftleche Beräicher abréngen. Si wäert och op d’Expertis vu verschiddenen Intervenanten vum LTPS zréckgräifen. Och beim Neibau vum Lycée fir Gesondheetsberuffer wäert an enger Concertatioun mat der Universitéit Lëtzebuerg decidéiert ginn, wéi eng Equipement an d’Aarrichtungen néideg sinn.

Beim Infirmier de soins généraux wor am Mee 2021 zréckbehalen ginn, dass d’Attributiounen fir dee reglementéierte Beruff müssen iwwerschafft ginn, ier d’Bachelorformatioun op der Universitéit Lëtzebuerg ka lancéiert ginn. D’Virbereedungsarbechten an dësem Kontext goufen 2021 ugefaangen a sollen am Laf vun 2022 ofgeschloss sinn. D’Acteuren um Terrain sinn an dee Prozess matagebonnen.

**Question 5601** (27.01.2022) de **Mme Martine Hansen (CSV)** concernant les **cas de Covid-19 dans les écoles** :

D’Omikronwell rullt duerch Lëtzebuerg. Och d’Schoule sinn ëmmer méi staark betroff. Laut dem Wochenrapport vun der Santé - deem iwwregens déi eenzeg Quell fir Informatiounen iwwert d’Situatioun bei de Kanner a Jugendlechen ass - gouf et an der leschter Woch 7.417 positiv Covid-19-Fäll an de Schoulen, déi sech follgendermoosse verdeelen: 4.487 am Enseignement fondamental, 2.920 am Enseignement secondaire an 10 an de Kompetenzzentren.

Am Kontext vun dëser Entwécklung wëlt ech follgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

1. Wéi vill Kanner a Jugendlecher waren an de leschten zwou Wochen an der Quarantän oder am Isolement?

2. Wéi verdeele sech dës Fäll vu Quarantän respektiv Isolement op Enseignement fondamental, Enseignement secondaire a Berufsausbildung?

3. Wéi vill Enseignantë sinn an deem Zäitraum direkt oder indirekt duerch d’Pandemie ausgefall - opgedeelt no Enseignement fondamental, Enseignement secondaire a Berufsausbildung? Wéi vill Unterrichtsstonne si jee weils duerch Corona ausgefall?





4. Wéi vill Kanner waren an deem Zäitraum opgrond vun hirer eegener Vulnerabilitéit, oder well si eng vulnerabel Persoun an hirem familiären Ëmfeld hunn, am Homeschooling?

5. Ganz allgemeng, wéi eng zousätzlech Moossname gedenkt den Här Educationminister opgrond vun der Entwécklung vun de Covid-19-Fäll bei de Kanner a Jugendlechen en place ze setzen, fir d'Verbreedung vum Virus ofzebrensen?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. + 2. Fir der honorabler Deputéiert e besseren Iwwerbléck iwwert d'Evolution vum der pandemiebedéngter Situatioun an de Schoulen ze bidden, hu mir eis erlaabt, en Zäitraum vu véier Wochen ze consideréieren. Et sief hei prezisiéiert, datt d'Zuele vun den Isolementer sech op positif getest Kanner a Jugendlecher baséieren, déi dowéinst an deene Woche net an d'Schoul gaange sinn. Déi Zuelen erlabe kee Réckschloss op den Infektiounsuer.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Et kann hei keen Ënnerscheid gemaach ginn tëscht Enseignement secondaire a Berufsausbildung.

ad 3. D'Evolution vum der Unzuel vun den Absencen vum Léierpersonal stellt sech folgendermoossen duer:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

A Consideratioun gezu goufe follgend Motiver:

- Krankmeldunge vum Léierpersonal;
- Congé pour raisons familiales;
- Vulnerabilitéit vun Agenten, déi kee Presenzunterrecht kënnen assuréieren.

Et sief bemierkt, datt ënner d'Krankmeldungen och d'Isolementer an d'Quarantäne falen; dofir ass et net méiglech, d'Zuel vun den Enseignanten ze ermëttelen, déi direkt oder indirekt duerch d'Pandemie ausgefall sinn.

Vu déi permanent Evaluatioun vun der Entwécklung vun den Infektiounsuele si fir den Ufank vum 2. Trimester 274 Kontrakter vun Agente verlängert an 200 Agenten nei agestallt ginn, déi d'Equppen an de Grondschoulen bei der Ëmsetzung vun Differenzierungsmesuren ënnerstëtzen an och temporäre Remplacementen kënnen assuréieren. Dës Agenten intervenéieren zousätzlech zu de Remplaçant-permanenten, déi den Direktiounen traditionell zur Verfügung stinn, fir Kuerz- a Laangzäitremplacementen ze assuréieren. Punktuell Remplacementen ginn och vun de Membere vun de pedagogeschen Equppen selwer intern opgefaangen, andeems een Enseignant via zousätzlech Prestatiounen een Aarbechtskolleeg ersetzt. Just a vereenzelte Fäll hu Klassegruppe duerch kuerzfristeg Ausfall missen anescht opgedeelt ginn.

Am Enseignement secondaire goufen d'Absencen souwuel duerch intern Remplacementen, also d'Leeschte vun Iwwerstonnen, wéi och duerch de Recrutement vun zousätzlechen Surveillanten opgefaang.

ad 4. 19 Schülerinnen a Schüler aus den ëffentleche Lëtzebuerger Grondschoule waren an deem Zäitraum opgrond vun hirer eegener Vulnerabilitéit, oder well si eng vulnerabel Persoun an hirem familiären Ëmfeld hunn, am Distanzunterrecht. Am Enseignement secondaire beleeft sech d'Unzuel vun dëse Schülerinnen a Schüler op 9.

ad 5. Opgrond vun der favorabler Evolution vum den Infektiounszuelen huet déi aktuell applikabel Versioun vum Covid-Gesetz eng Rei vu Lackerunge vun de sanitäre Mesuren agefouert: Hei siefen d'Ofschafe vun der Quarantän an déi nei Dispositiounen rondrëm d'Sortie aus dem Isolement erwänt. Dës Mesurë sinn och an de Schoulen ëmgesezt ginn.

Parallél zu der Entwécklung an eisen Nopeschlänner wäerten d'Moossnamen an de Schoulen nach eng kéier virsiichteg adaptéiert ginn, dëst nodeems am Laf vun der leschter Woch sämtlech Schoulpartner konsultéiert goufen.

**Question 5603** (27.01.2022) de **Mme Josée Lorsché** et **M. Marc Hansen** (*déi gréng*) concernant les **certificats de virginité** :

En 2018, l'OMS a appelé la communauté internationale à mettre fin à la pratique des certificats de virginité, qui ne repose sur aucune base scientifique.

Selon le Conseil national de l'ordre des médecins en Belgique : « C'est un acte médical inutile pour la santé, sans pertinence scientifique et lourd de conséquences potentielles sur le bien-être de la patiente ». Il rappelle également les implications

déontologiques et éthiques : « Ces examens sont souvent demandés par des tiers sans considération pour l'intimité personnelle et le droit à la vie privée de la personne concernée », ils « peuvent être vécus comme une agression » et « entraînent une discrimination entre les femmes et les hommes ».

Depuis l'appel de l'OMS, la France a interdit l'émission de tels certificats en 2021. Au Luxembourg, alors que cette pratique n'est officiellement pas existante, aucune loi ne la prohibe et elle est bel et bien une réalité, comme le montrent des témoignages portés à notre connaissance.

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Quelle est l'appréciation de Madame la Ministre sur l'opportunité d'interdire formellement l'émission de certificats de virginité ?

2) Madame la Ministre n'estime-t-elle pas que des lignes de conduite devraient être adressées aux médecins, professionnels de la santé et au personnel enseignant et éducatif afin de les sensibiliser en la matière et d'orienter les jeunes femmes concernées vers les services de soutien appropriés ?

3) Quels sont les organismes qui prennent actuellement en charge les femmes soumises à des demandes de tels certificats et de combien de cas les autorités ont-elles eu connaissance au cours des cinq dernières années ?

**Réponse commune** (28.02.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1) Le Gouvernement partage l'avis du Haut-Commissariat des Nations Unies ainsi que de l'Organisation mondiale de santé (« OMS ») concernant la nécessité de mettre fin aux tests de virginité. En effet, de tels examens constituent non seulement une violation des droits fondamentaux des femmes et des filles, mais ils ont également souvent des répercussions non négligeables sur le bien-être et la santé psychique des personnes concernées.

Ces tests aux conséquences dommageables et médicalement inutiles violent également des normes déontologiques et éthiques médicales fondamentales dont le principe selon lequel la médecine ne doit pas nuire.

In fine, ces tests représentent une discrimination entre les femmes et les hommes, car ils mettent l'accent sur le contrôle du corps et de la sexualité des femmes et des filles. Ce faisant, ils sont contraires au principe d'égalité entre les genres.

ad 2) Comme les honorables Députés l'ont, à juste titre, remarqué dans leur question parlementaire, il n'existe au Luxembourg aucune loi, aucun règlement, aucune disposition juridique qui permet un tel examen. Si le personnel de la santé ne devrait en principe ignorer le fait que ces tests n'ont aucun fondement scientifique et constituent une ingérence inacceptable dans l'intimité d'une personne, il n'en demeure pas moins qu'une sensibilisation tant du personnel de santé que des jeunes femmes peut s'avérer utile. Une sensibilisation axée sur la problématique dans le cadre de l'information et l'éducation aux droits des enfants et des jeunes relayées par les professionnels de l'éducation nationale semble également indiquée.

ad 3) Le Gouvernement n'a pas connaissance de cas de jeunes filles ou de femmes ayant été soumises à une demande de certificat de virginité, ce qui ne signifie pas qu'une telle pratique soit inexistante. Il n'existe pas de services ou d'organismes spécifiques chargés de recueillir et de traiter des informations relatives à l'existence de tels certificats de virginité, voire de telles demandes, ce qui explique que nous ne disposons pas de chiffres. Les jeunes filles et les femmes concernées peuvent toutefois s'adresser aux différentes associations et organisations œuvrant dans le domaine de la santé affective et sexuelle, de l'aide aux enfants, aux jeunes et aux familles, l'aide aux réfugiés et migrants, etc.

**Question 5610** (28.01.2022) de **M. Marc Spautz** (CSV) concernant les **missions et attributions de l'ADEM** :

Par la loi du 18 janvier 2012, le Ministre ayant l'emploi dans ses attributions s'est vu adjoindre une commission de suivi chargée d'assister le ministre dans l'accompagnement et l'évaluation de l'accomplissement des missions et attributions de l'ADEM. Celle-ci peut rendre des avis sur demande du ministre. Elle peut également formuler des propositions et recommandations sur les actions nécessaires à entreprendre pour assurer la mise en œuvre des missions et attributions par l'Agence pour le développement de l'emploi. Elle soumet en tout cas un rapport annuel à l'attention du ministre.

Si au début de la dernière législature, le Ministre du travail de l'époque soumettait encore aux députés les premiers rapports de cette commission de suivi, plus aucun de ces rapports n'a, à ma connaissance, été publié.

C'est ainsi que j'aimerais poser une question parlementaire à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et à l'Économie sociale et solidaire :

- Monsieur le Ministre peut-il m'informer si cette commission est toujours active ?

- Monsieur le Ministre peut-il me confirmer que cette commission a soumis au ministre, conformément à la loi, tous les ans un rapport annuel ?

- Dans l'affirmative, Monsieur le Ministre peut-il communiquer aux députés ces rapports ?
- Quelles étaient au demeurant les propositions et recommandations de cette commission ces dernières années ?

- Monsieur le Ministre peut-il m'informer si lui ou un de ces prédécesseurs avaient demandé des avis spéciaux à ladite commission ? Dans l'affirmative, à quel(s) sujet(s) ? Monsieur le Ministre peut-il fournir aux députés copie de ces avis ?

**Réponse** (01.03.2022) de **M. Georges Engel**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire* :

La dernière réunion de la commission de suivi chargée entre autres d'assister le ministre dans l'accompagnement et l'évaluation de l'accomplissement des missions et attributions de l'ADEM a eu lieu en 2017.

Par conséquent, aucun rapport n'a pu être soumis aux députés ces dernières années.

Le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire va réactiver cette commission de suivi prochainement et transmettra les rapports annuels aux députés dans les meilleurs délais possibles.

**Question 5612** (28.01.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **reconnaissance de certificats de rétablissement étranger** :

Covid-Impf-Certificaten a Certificats de rétablissement, déi vun engem EU-Land ausgestallt goufen, ginn an der Reegel och an aneren EU-Länner unerkannt. Ausname gëtt et allerdéngs, wa Länner vun den EU-Regelen ofwäichen an hiren Awunner zum Beispill e Certificat de rétablissement ausstellen op Basis vun engem postiven zertifizéierte Schnelltest, esou wéi dat a Frankräich de Fall ass. Dës Certificate ginn net iwwerall unerkannt - och net zu Lëtzebuerg, wou e PCR-Test muss virleie fir esou e Certificat.

Grad fir Frontalieren, déi tëscht Frankräich a Lëtzebuerg pendelen, kënnen dës Ënnerscheeder awer problematesch ginn, wa si mengen, si hätten e gëltege Pass, an hei am Land dann awer gesot kréien, si hätte kee gëltege CovidCheck an dierften dofir beispillsweis net op hir Aarbechtsplaz.

An deem Zesummenhang wëilt ech de Ministere fir Groussregioun a Gesondheet dës Froe stellen:

1. Ass der Ministesch bekannt, dass Frankräich Certificats de rétablissement ausstellt, déi hei zu Lëtzebuerg net unerkannt ginn?

2. Wat kann eng Persoun maachen, déi e franséische Certificat de rétablissement besëtzt op Basis vun engem Schnelltest a während hirer Covid-infektioun kee PCR-Test gemaach huet, dee si am Nachhinein nach bei der Santé aschécke kéint? Kann dës Persoun een zu Lëtzebuerg gëltege Certificat kréien, oder besteet hei keng Méiglechkeet, de franséische Certificat unerkennen ze loosse?

3. Ass d'Regierung a Kontakt mat den Nopeschlänner, fir eng Harmoniséierung vun de Passen/Ticketsen/Certificaten an der Groussregioun unzestriewen?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre à la Grande Région*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Frankräich hat op nationalem Niveau decidéiert, datt op Basis vun engem certifiéierte Schnelltest ee Certificat de rétablissement kéint ausgestallt ginn. Déi franséisch Entscheedung huet awer net dem Reglement (EU) 2021/953 vum 14. Juni 2021 entsprach, dee virgesäit, dass esou ee Certificat just op Basis vun engem TAAN (test d'amplification des acides nucléiques) kann ausgestallt ginn. Dësen nationale System huet zwar méi Flexibilitéit op nationalem Plang erlaabt, mee huet de Problem mat sech bruecht, datt d'Certificaten iwwert déi national Grenzen eraus net méi gültig sinn.

ad 2. Den 22. Februar 2022 huet d'EU-Kommissioun en neien Text ugehall, laut deem säit dem 23. Februar 2022 et de Memberstaten och méiglech ass, een EUDCC op Basis vun engem positive Schnelltest auszustellen, ënner der Konditioun, dass esou ee Test awer vu qualifizéiertem Personal duerchgefëert gëtt. Ausserdeem muss et sech och ëm Schnelltester handeln, déi sech op der EU-Leescht vun den Antigentester befannen. Dës Praxis ass applikabel fir Länner, déi net genuch TAAN-Testkapazitéiten hunn, well den TAAN Test

bleift de Referenztest fir d'Diagnos vum Covid-19. Wann aner Länner also op de Wee ginn, fir en EUDCC op Basis vun engem positive Schnelltest auszustellen, ass datt deemno säit dem 24. Februar méiglech an dës Certificate sinn och hei zu Lëtzebuerg liesbar, wa si am Format EUDCC ausgestallt sinn. Domadder wier de Problem vun der Unerkennung vun esou engem Zertifikat, deen an engem aneren EU-Land ausgestallt gouf, geléist.

ad 3. D'Lëtzebuerger Regierung steet an engem enken, permanente Kontakt mat hiren Homologen, sief et op regionalem, bilateralem oder EU-Niveau, fir allméiglech Problemer vu Grenzpendler am Kontext vun der Pandemie ze léisen.

**Question 5613** (28.01.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant l'**établissement de certificats CovidCheck sur base d'un test rapide positif** :

D'Omikronwell huet dozou gefouert, dass eng Rei vun de sanitäre Mesuren an de Schoulen ugepasst goufen. Ënner anerem mussen Kanner, deenen hire Schnelltest an der Schoul positiv ass, elo net nach e PCR-Test maachen, eier si an Isolatioun kommen.

D'Viraussetzung, fir e gëltege CovidCheck-Certificat no enger Infektioun ze kréien, bléift zu Lëtzebuerg awer de positive PCR-Test.

An deem Zesummenhang wëilt ech de Ministere fir Bildung a Gesondheet dës Froe stellen:

1. Ass fir d'Zukunft geplangt, deene SchülerInnen, déi e positive Schnelltest an der Schoul gemaach hunn, op Basis vun dësem Test e CovidCheck-Certificat ausstellen? Falls jo: Géifen dës Certificate vun aneren EU-Länner unerkannt ginn?

2. Wéi goufen d'Elteren doriwwer informéiert, dass si awer zousätzlech zum Schnelltest nach e PCR-Test mussen bei hire Kanner maache loosse, falls si wëllen, dass dës no der Erkrankung e CovidCheck-Certificat kréien? Wien dréit d'Käschte vun dësem PCR-Test?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Bis zur leschter Woch war et effektiv esou, datt een obligatoresch e positive PCR-Test gebraucht huet, fir en europäeschen digitale Covid-Certificat (EUDCC) ausgestallt ze kréien. Dëst war am Aklang mam EU-Reglement 2021/953. Verschidde Länner hunn awer e parallelen nationale System opgebaut, deen notament a verschiddene Fäll och d'Ausstelle vun engem Certificat de rétablissement op Basis vun engem positive Schnelltest erlaabt. Dëst huet zwar méi Flexibilitéit op nationalem Plang erlaabt, mee huet dann de Problem mat sech bruecht, datt d'Zertifikater iwwert déi national Grenzen eraus net méi gültig sinn.

Den 22. Februar 2022 huet d'EU-Kommissioun en neien Text ugehall, laut deem zanter dem 23. Februar 2022 et de Memberstaaten och méiglech ass, en EUDCC op Basis vun engem positive Schnelltest auszustellen, ënnert der Konditioun, datt esou een Test awer vu qualifizéiertem Personal durchgefëert gëtt. Ausserdeem muss et sech och ëm Schnelltester handeln, déi op der EU-Lëscht vun den Antigentester stinn. Dës Praxis ass applikabel fir Länner, déi net genuch TAAN-Test-Capacitéiten hunn, well den TAAN-Test bleift de Referenztest fir d'Diagnos vum Covid-19.

Vu datt Lëtzebuerg aktuell keng Enkpäss fir PCR-Tester huet, bleift aktuell en TAAN-Test néideg, fir en EUDCC auszustellen. Deemno ass et aktuell net méiglech, e Certificat de rétablissement op Basis vun engem positiven Schnelltest, deen am Kader vum Enseignement duerchgefouert ginn ass, auszustellen.

D'Regierung wäert sech zäitno doriwwer beroden, a wéiwäit déi nei Ouverture, déi d'EU-Kommissioun mam Acte délégué vum 22. Februar gemaach huet, sech eventuell och fir Lëtzebuerg kéint applizéieren.

ad 2. All Persoun, déi op Basis vun engem Schnelltest positiv getest gëtt, kritt mat den Dokumenter fir den Isolement och eng schrëftlech Informatioun op fënnf Sproochen, déi erkläert, datt fir d'Ausstelle vun engem Certificat de rétablissement e PCR-Test néideg ass. An dësem Fall ass de PCR-Test gratis.

**Question 5615** (28.01.2022) de **M. Fred Keup** (*ADR*) concernant les **brevets déposés au Luxembourg** :

An engem Artikel vum „Luxemburger Wort“ vu virun zéng Méint („Abwärtstrend bei Patenten“; LW vum 17.03.2021, S. 11) stoung, datt d'Zuel vun de Patentumellungen aus Lëtzebuerg am Joer 2020 ëm 5,3 % zrëckgaange war. 2020 hu Lëtzebuerger Firmen a Fuersungsariichtungen nëmmen 394





Patenter ugemellt, deen niddregste Stand säit 2011. Am Joer 2016 waren et der nach 556.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Fuerschungsminister:

1. Kann den Här Minister preziséieren, ob et schonns Zuele fir 2021 ginn? Wa jo: Kann den Här Minister erklären, firwat dës Zuele par rapport zu 2020 an de Jore virdrun erof- bzw. eropgaange sinn?

2. Wéi gesäit den Här Minister, onofhängeg vun dësen Zuelen, den Trend fir déi nächst Joren, wat d'Zuel vu Patentumellungen aus Lëtzebuerg ugeet?

**Réponse commune** (28.02.2022) de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*, et de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche* :

D'Zuelen zu de Patentumellungen, déi den eierbaren Deputéierten a senger parlamentarescher Fro thematiséiert, ware schonn de Sujet vun der parlamentarescher Fro Nr. 3898 vum 22. März 2021 vun den Deputéierten Dan Biancalana a Mars Di Bartolomeo, déi den 22. Abrëll 2021 vum Wirtschaftsminister ausféierlech beäntwert gouf.

Dat europäesch Patentamt publizéiert all Joer Mëtt März d'Statistike mat den Zuele vum Joer virdrun, deemno sinn déi gefroten Donnéeën vun 2021 den Ament nach net disponibel.

D'Regierung féiert déi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3898 beschriwwen Sensibilisation bei de Betriber an de Fuerschungsinstituter weider.

An deem Kontext ass et och wichteg, drun ze erënneren, datt déi finanziell Bähëllef fir de Schutz vun der Propriété intellectuelle zu Gonschte vun de Kleng- a Mëttelbetriber och op Wonsch vu Lëtzebuerg verlängert goufen. Dës Hëllef gouf vum Office de l'Union européenne pour la propriété intellectuelle agefouert. Et handelt sech hei ëm en europäesche Fong mat engem Budget vun 30 Milliounen Euro. Entrepreneuren, déi dat froen, kënnen duerch dat Instrument eng finanziell Ënnerstëtzung kréien. Esou kann e klengen oder mëttlere Betrieb zum Beispill bis zu 75 % vun de Fraise rembourséiert kréien, wann en eng Mark rechtlech schützen léisst, a 50 % vun de Fraisen, wann en e Brevet deponéiert.

Dës Méiglechkeet vun der Ënnerstëtzung fir Kleng- a Mëttelbetriber gëtt vum Wirtschaftsministère bei de Betriber promovéiert.

**Question 5616** (28.01.2022) de **M. Fred Keup** (*ADR*) concernant le **décrochage scolaire** :

Säit e puer Joer geet d'Zuel vun de Leit, déi un der École nationale pour adultes (der fréierer „École de la 2<sup>e</sup> chance“) versichen, en Ofschloss nozehuele bzw. e besseren oder zousätzlechen Diplom ze kréien, konstant an d'Luucht. An obschonns een aus den Zuele vum Schoulministère erausliese kann, datt d'Zuel vun de Schoulofbriecher säit Pandemieufank net an d'Luucht gaangen ass, bleift dës Thema e brisante Sujet zu Lëtzebuerg.

An deem Zesammenhang hunn ech follgend Froen un den Här Schoulminister:

1. Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt et Schüler gëtt, déi d'Schoul ofbriechen, well se kee Schouljoer méi widderhuelen därefen?

2. Kann den Här Minister noweisen, wéi sech d'Zuel vun de Schoulofbriecher an deene leschte Joren am Hëllef op d'Altersgrupp 16 bis 18 Joer entwéckelt huet?

3. Ginn et Etuden, déi sech konkreet mat den Ursaachen vun de Schoulofbriecher an dëser Altersgrupp beschäftegen?

4. Wéi gesäit den Här Minister d'Konsequenze vun de Schoulofbriecher op d'Lëtzebuurger Wirtschaft?

5. Kann den Här Minister confirméieren, datt d'ENAD am Ablack un d'Grenze vun hirer Capacité d'accueil stéisst? Wa jo: Ass dru geduecht, fir dës Schoul an deenen nächste Joren ze vergrësseren?

**Réponse** (28.02.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

ad 1. Et ginn effektiv Reegelen, déi d'Zuel vun de Redoublermenter limitéieren. Wann Echecken sech cumuléieren, ass eng Progressioun op engem Niveau, deen de Capacitéit vum Schüler besser entsprécht, méi sënnavoll. Hei ass virun allem eng gutt Orientierungsaarbecht erfuerdert.

ad 2. Dësen Tableau weist, wéi d'Schoulofbriecher sech bei de Mannerjärege an de leschte Joren entwéckelt hunn:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

ad 3. Am Oktober 2021 huet de Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER) de Rap-

port „Regards de jeunes sur leur parcours de décrochage dans l'enseignement général“ erausginn am Opdrag vum Service national de la jeunesse (SNJ), dëst am Kader vu senger Missioun, d'Schoulofbriecher ze kontaktéieren an ze begleeten.

Dës qualitativ Etude huet d'Situatioun vun 22 jonke Leit ënnersicht, déi am Alter tëschent 16 an 18 Joer d'Schoul ofgebrach hunn, mam Zil, erauszefannen, wat hir Besoine sinn, fir kënnen hir Scolaritéit fortzeféieren. De Rapport sträicht och ervir, datt d'Ursaache vum Schoulofbroch villfälteg sinn an datt d'Mesuren, déi geholl ginn, dës Diversitéit entsprechen.

ad 4. Selbstverständlech hunn d'Schoulofbriecher negativ Konsequenzen op d'Lëtzebuurger Wirtschaft. Eis Betriber wëlle sou wäit ewéi méiglech gutt ausgebildete Mataarbechter. Och riskéieren d'Schoulofbriecher spéiderhin de Staat deier ze ginn, wat zum Beispill Chômage oder d'Sozialversécherung ugeet. Ma eigentlech leie mir nach vill méi déi perséinlech Schicksaler vun deene Leit um Häerz. Jidder Schoulofbroch ass dramatesch an d'Resultat vu gréisseren Problemer, deenen de Jonke virdu begéint ass, sief et schoulescher, sozialer oder gesondheetlecher Natur. No engem Schoulofbroch hunn déi Persounen hiert Liewe laang domadder ze kämpfen, datt si keen Ofschloss hunn a si riskéieren permanent d'Prekaritéit, et sief dann, si schloen den zweete Bildungswee an, dee jo zu Lëtzebuerg net nëmmen an der École nationale pour adultes (ENAD), ma och mat den Offere vum Service de la formation des adultes (SFA) aussergewöhnlech gutt ausgebaut ass.

ad 5. Wann d'ENAD an den SFA bis elo riskéiert hunn, un hir Grenzen ze stoussen, gouf ëmmer nees fäerdegbruecht, d'Offer ze vergrësseren. Déi zwou Strukturen schaffen mateneen an ergänzen sech. Am Bauteprogramm vu mengem Ministère mam Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten ass en neit, vill méi groust Gebai an der Stad fir den zweete Bildungswee virginn. Des Weidere wäerten och an noer Zukunft Ausbildung vum zweete Bildungswee am Süde vum Land ugebuede ginn. Och an der Nordstad wäert déi eng oder aner Offer opgebaut ginn.

**Question 5619** (28.01.2022) de **M. Roy Reding** (*ADR*) concernant la **prédominance des fournisseurs de carte de crédit américains** :

An engem Interview, deen de 6. Dezember ënnert dem Titel „Visa, Mastercard und PayPal: Zahlungssysteme sind Geopolitik“ am däitsche Politmagazin „Cicero“ publizéiert gouf, heescht et, datt déi däitsch Debitkaarte vum Typ Girocard a V-Pay zäitno aus dem Handel kéinte verschwannen, well se sech net méi géint d'Iwwermuecht vun de konkurréierenden US-amerikaneschen Ubidder vu Kreditkaarten duerchsetze kënnen, déi vu ville Plattformen fir Onlinehandel als eenzeg Bezueleméiglechkeet via Bankkaart akzeptéiert ginn. Eng Tendenz, déi duerch d'Ëmstellung vu ville Verbraucher vum Einzel- op de rengen Onlinehandel am Kader vun der Covidsituation nach verschäerft gouf. Weider gëtt an deem besoten Interview awer och op d'Initiativ „European Payment Initiative“ (EPI) verwisen, en Zesummeschluss vu Banken aus 13 EU-Länner, déi et sech zum Zil gesat huet, en europawäite System fir d'Ofwécklung fir Paiementer mat Bankkaarten op de Wee ze bréngen. Dës Initiativ kämpft aktuell och mat ënnerschiddleche legislative Konditiounen an den eenzele Länner, déi eng Standardiséierung vum System relativ schwéier maachen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Sinn der Regierung déi beschriwwen Problematik bekannt? Wa jo, wéi reagéiert si dorop? Wann net, firwat net?

2. V-Pay-Kaarte ginn och vu ganz ville Lëtzebuurger Verbraucher benotzt a vun eise Banken, dorënner och deene mam Status vun engem ëffentlechen Etablissement, ugebueden. Wéi eng potenziell Auswierkung huet déi uewe beschriwwen Dominanz vun amerikanesche Kreditkaarten op de Gebrauch vu V-Pay-Kaarten duerch Lëtzebuurger Konsumenten?

3. Op wéi eng Mëttelen, fir elektronesch ze bezuelen, gräift de Staat nieft dem Boergeld als legal Zuelungsmëttel fir déi finanziell Transaktionen tëschent deenen diversen ëffentlechen Institutiounen (Steierverwaltung, allgemeng Verwaltung vum dem Staat an de Gemengen, Protokoller, ëffentlech Etablissementer an Entrepreneuren asw.) an dem Bierger zeréck?

4. Sinn och Lëtzebuurger Banken un der EPI-Initiativ bedeelegt? Wa jo, op wéi eng Manéier goufen si vun der Regierung am Hëllef op d'Veereinfachung vun administrativen Prozeduren an attraktive Steierkonditiounen ënnerstëtzt?

5. Huet d'Regierung sech op EU-Niveau schonn derfir agesat, fir hei e méiglechst einfachen, gemeinsame legislative Kader ze schafen, ouni dobäi

d'Inkohärenze vun deenen eenzele Memberstaaten ze cumuléieren?

6. Gesäit d'Regierung laangfristeg de bausséipolitesche Risiko, datt Lëtzebuerg am Kader vun engem gréisseren internationale Konflikt erpresbar gëtt, wann ëmmer méi Finanztransaktiounen vun eise Bierger exklusiv iwwer Firmaen ofgewéckelt ginn, déi primär der Jurisprudenz vun engem groussen Machtstaat ënnerstinn, dëst besonnesch am Kader vu potenzielle Sanktiounen?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

Den honorabelen Deputéierte beriff sech a senger parlamentarescher Ufro op en Artikel aus engem däitsche Magazine iwwert Bezuelssystemer a geopolitesche Aspekter. Am besoten Artikel heescht et, datt déi däitsch Debitkaarte vum Typ Girocard, déi duerch eng Partnerschaft mat engem US-amerikaneschen Ubidder vu Kreditkaarte kënnen am däitschen In- an Ausland benotzt ginn, zäitno aus dem Handel verschwanne kéinten. Den amerikaneschen Ubidder huet effektiv ugekënnegt, ab Juli 2023 déi Zort un Debitkaarten (Maestro) net méi auszeginn, well se fir den Onlinehandel net géeegeant sinn. An deem Kontext schwätzt den Artikel vun enger Dominanz vun amerikaneschen Ubidder um Kreditkaartemarké a verweist op eng Initiativ ënnert dem Numm „European Payment Initiative“ (EPI), déi et sech zum Zil gesat huet, en europäesche System fir Bezuelunge mat Bankkaarten op de Wee ze bréngen.

D'Banken zu Lëtzebuerg hunn sech 2012 zesumme gëeenegt, fir op de Debitkaartsystem V-Pay zréckzegräifen, dee vu Visa Europe spezifesch fir den europäesche Maart ausgeluecht ginn ass. Et ass der Regierung net bekannt, datt de V-Pay-Bankkaartsystem soll agestallt ginn. Eenzel Lëtzebuurger Banke bidden hire Clienten zudeem säit Kuerzem eng nei Debitkaart vum besoten Kaartenubidder un, déi eng Rei un zousätzleche Méiglechkeeten bitt a fir Onlineakeef ka benotzt ginn. Esou kann och den neiste Gewunnechte vun de Konsumenten besser Rechnung gedroe ginn.

D'EPI-Initiativ ass eng reng privat a kommerziell Initiativ vun enger Rei Groussbanken aus Europa, déi sech zesummegeschloss hunn, fir paneuropäesch Bezueléisungen auszeschaffen, déi sech op d'Direktbezuelungen (instant payment) an eng europäesch an EU-wäit uwenbar Bankkaart stäipen. Eng Rei Mammenhaiser vu Lëtzebuurger Banke sinn och un der EPI-Initiativ bedeelegt.

Et ass wichteg, de Konsumenten bequeem, sécher, attraktiv a modern Bezuelméiglechkeeten unzébiden, déi ënner engem méiglechsten einfachen a gemeinsame legislative Kader europawäit benotzbar sinn.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt an deem Kontext ausdrécklech déi nei Strategie vun der EU-Kommissioun iwwer eng weider Verdeiung vum europäesche Bannemaart vun de Bezuelerservicer (retail payments strategy). D'Zil vun dëser Strategie ass et, déi néideg Viraussetzung fir eng weider Verdeiung ze schafen, d'Entwécklung vun europäesche Bezueléisungen weider ze férdere an esou déi strategesch Autonomie vun der Europäescher Unioun ze stäerken.

Anescht wéi den honorabelen Deputéierten dat undeit, gëtt de gréissten Deel vun de Bezuelungen tëschent de Bierger an dem Staat net mat Boergeld gemaach, mä iwwer Virementen. An eenzele Beräicher sinn och Bezuelungen iwwert d'Kreditkaart oder via QR-Code méiglech, woubäi et sech ëm e Service vun enger Lëtzebuergescher Firma handelt.

**Question 5626** (31.01.2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*) concernant les **critères d'investissement de la BCEE en matière d'activités durables** :

Selon les affirmations publiques de plusieurs membres du Gouvernement, le Luxembourg s'oppose - y compris, si nécessaire, moyennant un recours juridique - à la proposition de la Commission européenne d'une taxonomie pour les fonds déclarés « verts » qui inclut les investissements dans le nucléaire et le gaz naturel.

Or, en automne dernier la BCEE a ajouté un compartiment « Green » à sa SICAV LUX-EQUITY, compartiment qui s'aligne aux critères préconisés par la taxonomie de l'Union européenne (classifications des activités durables) et qui investit donc également dans les secteurs du nucléaire et du gaz naturel.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances :

1) Est-ce que le Gouvernement enjoindra à la BCEE de s'aligner sur sa propre position, c'est-à-dire d'exclure dès à présent le nucléaire et l'ensemble du secteur des énergies fossiles des investissements

réalisés dans le cadre de ses produits financiers « verts » et donc également de LUX-EQUITY Green ?

2) Si au final la taxonomie de l'UE inclut effectivement l'énergie nucléaire et le gaz naturel, est-ce que le Gouvernement envisage de mettre en place une taxonomie alternative ou complémentaire qui exclurait ces deux sources d'énergie ?

**Réponse** (28.02.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

La Banque et Caisse d'Épargne de l'État, Luxembourg (BCEE) est une banque systémique sous la surveillance de la Banque centrale européenne et de la Commission de surveillance du secteur financier, qui dispose du statut d'un établissement public autonome, doté de la personnalité juridique et qui jouit, de par la loi, « de l'autonomie financière, d'administration et de gestion ». Tel que cela a été souligné par le passé, et notamment dans les réponses aux questions parlementaires n° 2567 du 17 novembre 2016, n° 2834 du 14 mars 2017, n° 0371 du 14 février 2019, n° 1999 du 12 mars 2020 et n° 1863 du 13 février 2020, il ne revient donc pas au Gouvernement de s'immiscer dans la gestion courante et la politique commerciale de la BCEE, voire de se prononcer au nom de celle-ci.

Consultée au sujet de la question de l'honorable Députée, la direction de la BCEE a fourni les éléments de réponse suivants :

« À l'heure actuelle, le compartiment Lux-Equity Green en question a pour objectif principal de lutter contre le réchauffement climatique en ligne avec l'Accord de Paris. Afin d'en limiter les impacts directs les plus importants, les investissements du compartiment s'alignent donc sur une trajectoire de limitation du réchauffement à + 2 °C, voire de + 1,5 °C de réchauffement maximal. Pour ce faire, le compartiment privilégie les investissements qui contribuent par leurs activités à la transition énergétique, et dans des entreprises prenant des mesures concrètes pour limiter leurs émissions de gaz à effet de serre.

La taxonomie européenne n'étant pas encore établie à 100 %, la société de gestion prend tous les moyens à sa disposition pour juger du caractère durable de ses investissements.

La politique d'investissement du compartiment évoluera au fur et à mesure de l'avancée de la taxonomie, notamment à propos du nucléaire et du gaz. »

Pour ce qui est de la deuxième question, il faut comprendre que la taxonomie est arrêtée via un règlement européen et est donc d'application directe dans tous les États membres, y compris au Luxembourg. Cela vaut également pour l'acte délégué complémentaire sur l'inclusion de l'énergie nucléaire et du gaz fossile dans la taxonomie, dont la procédure d'adoption est encore en cours. Or, ceci n'empêche pas le Luxembourg de développer le moment venu des standards ou labels en matière de durabilité qui seront plus ambitieux que ce qui est actuellement prévu dans la taxonomie.

**Question 5629** (31.01.2022) de **M. André Bauler** (*DP*) concernant le **parking public au lieu-dit « Schinker » dans la commune de Parc Hosingen** :

Le parking public au lieu-dit « Schinker » dans la commune de Parc Hosingen se trouve dans un état délabré. Or, ce parking permet d'accueillir tous les jours des automobilistes de la région qui prennent l'autobus tout près du giratoire « Schinker ».

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Monsieur le Ministre peut-il informer, le cas échéant, sur un éventuel projet de redressement ou de réaménagement de ce parking ?

2) Dans l'affirmative, combien de véhicules y pourraient être accueillis en définitive ?

3) Monsieur le Ministre peut-il renseigner sur le trafic qui passe tous les jours au lieu-dit « Schinker », surtout durant les heures de pointe ?

4) Est-il prévu d'améliorer la plantation au sein du cercle intérieur du giratoire étant donné que cet endroit sur la N7 entre Hoscheid et Hosingen marque en quelque sorte la porte d'entrée du canton de Clervaux (et de sa région touristique) et du parc naturel de l'Our ?

**Réponse** (09.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1) Tout d'abord, il convient de préciser que le parking public au lieu-dit « Schinker » ne fait pas partie du concept national des parkings relais P&R. Cependant, depuis un certain temps, on constate qu'un certain nombre de voitures stationne régulièrement sur une partie de la chaussée désaffectée du chemin CR322, qui fait partie du domaine public. Comme cette partie de la chaussée n'est actuellement pas utilisée par l'Administration des ponts et chaussées, le stationnement des véhicules des navetteurs n'est que toléré. De plus, la





place a même été aménagée provisoirement par l'administration afin de faciliter le stationnement des voitures.

Ainsi, l'aménagement d'un parking P&R officiel au lieu-dit « Schinker », longeant la route nationale N7, n'est pas prévu à court terme.

ad 2) Les données statistiques dont dispose l'Administration des ponts et chaussées pour les alentours du lieu-dit « Schinker » se basent sur le comptage du trafic par postes permanents se trouvant à Hosingen et à Hoscheid-Dickt. Le tableau suivant renseigne sur le trafic passant en ces endroits aux heures de pointe pour les deux dernières années :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

Pour des données antérieures, il y a lieu de renvoyer à la réponse de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics à la question parlementaire n° 1937 du 26 février 2020.

Il convient de préciser que l'année 2020 a été marquée par la crise sanitaire et que le nombre de voitures recensées a donc enregistré une baisse. Depuis lors, le trafic a tout naturellement repris son taux habituel. Il s'agit certes d'une augmentation, mais tout à fait naturelle, car une croissance démographique constante s'accompagne toujours d'une augmentation du trafic automobile et donc d'une certaine densité aux heures de pointe.

ad 3) En ce qui concerne le giratoire entre Hoscheid et Hosingen, il convient tout d'abord de noter qu'il a déjà fait l'objet d'une question parlementaire (question parlementaire n° 0447 du 7 août 2014).

Néanmoins, je tiens à rappeler qu'il faudra quelques années avant que la végétation n'atteigne sa pleine beauté. En effet, cette végétation est un trésor écologique et elle a été soigneusement conçue en étroite collaboration avec le « Naturpark Our » afin d'être aussi respectueuse que possible de l'environnement. Il s'agit même d'un projet pilote avec des plantes indigènes à la région, qui repoussent chaque année et qui, comme par hasard, constituent une grande source de nourriture pour certaines espèces de faune.

De plus, cette plantation est très facile à entretenir et se prête parfaitement au fauchage tardif. Une plantation similaire se trouve également au rond-point près de Marnach.

**Question 5631** (31.01.2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) concernant l'achat rétroactif auprès du régime général d'assurance pension en cas de divorce :

La loi du 27 juin 2018 portant réforme du divorce prévoit qu'en cas d'abandon ou de réduction de l'activité professionnelle par un conjoint au cours du mariage, celui-ci peut demander avant le jugement de divorce et à condition qu'au moment de la demande il n'ait pas dépassé l'âge de 65 ans, au tribunal de procéder ou de faire procéder au calcul d'un montant de référence, basé sur la différence entre les revenus respectifs des conjoints pendant la période d'abandon ou de réduction de l'activité professionnelle. Ce montant est destiné à effectuer un achat rétroactif auprès du régime général d'assurance pension, conformément à l'article 174 du Code de la sécurité sociale.

Selon la même loi, le conjoint qui a abandonné ou réduit son activité peut renoncer à l'achat rétroactif.

1) Dans ce contexte, j'aimerais savoir de Madame la Ministre de la Justice quel est actuellement le bilan de cette disposition, destinée à assurer au partenaire ayant interrompu ou réduit son activité professionnelle dans l'intérêt de la communauté familiale de reconstruire ses droits à la pension.

2) Combien de conjoints ont pu bénéficier de cette nouvelle mesure et quels sont les montants transférés à ces fins ?

3) Combien de conjoints ont renoncé à cette possibilité ?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1) La loi du 27 juin 2018 a introduit avec l'achat rétroactif auprès du régime général d'assurance pension un mécanisme permettant de tenir compte des lacunes au niveau de la carrière d'assurance pension d'un conjoint ayant cessé ou réduit son activité professionnelle au cours du mariage.

Dans le cadre de l'élaboration du rapport d'évaluation de la loi de 2018, le Gouvernement a analysé les dispositions auxquelles l'honorable Député se réfère.

Globalement, il y a lieu de constater que le nombre de divorces prononcés pour rupture irrémédiable ayant finalement donné lieu à un achat rétroactif

est faible vis-à-vis du nombre total de divorces prononcés pour rupture irrémédiable (voir statistiques ci-après). Il n'est dès lors pas possible de réaliser un bilan complet basé sur les cas disponibles puisque le nombre de cas concernés par cette disposition spécifique est trop faible (18 cas en tout).

Bien que le nouveau mécanisme de l'achat rétroactif ne couvre pas tous les cas de figure pouvant se présenter en pratique, le Gouvernement estime que l'achat rétroactif présente toutefois, par rapport à la situation antérieure, une réelle plus-value aux personnes qui ont su en profiter.

Le Gouvernement examine quelles précisions procédurales et aménagements ponctuels puissent être apportés au mécanisme d'achat rétroactif dans le cadre d'un futur projet de loi portant modification de la loi de 2018.

ad 2) Le nombre de conjoints ayant pu bénéficier de cette mesure s'élève à 4 en 2020 et à 14 en 2021. Aucun cas n'est actuellement enregistré par la Caisse nationale d'assurance pension (CNAP) pour l'année 2022 (informations disponibles au 10 février 2022).

En 2020, les montants transférés par achat rétroactif ont varié entre 8.929,38 € et 238.037,72 €. Le total des montants transférés pour l'exercice 2020 s'élève à 323.616,39 €.

En 2021, les montants transférés ont varié entre 4.771,14 € et 248.387,15 €. Le total des montants transférés s'élève à 1.106.571,45 €.

ad 3) Depuis 2020 et jusqu'au 10 février 2022, la CNAP a été chargée de procéder au calcul d'un montant de référence dans 85 cas. Pour l'instant, 18 de ces cas ont donné lieu à un achat rétroactif. La CNAP n'a pas d'autres informations disponibles concernant les 67 cas restants.

Dans l'arrondissement de Luxembourg, 1.315 divorces pour rupture irrémédiable ont été prononcés entre 2018 et 2020. Le Gouvernement ne dispose pas de chiffres relatifs aux demandes formulées sur base de l'article 252 du Code civil et aux renonciations au rachat rétroactif.

Pour ce qui est de l'arrondissement de Diekirch, 426 divorces pour rupture irrémédiable ont été prononcés depuis l'entrée en vigueur de la loi de 2018. Le rachat rétroactif a été demandé 87 fois sur base de l'article 252 du Code civil et 22 conjoints ont renoncé au rachat rétroactif. Il s'ensuit que le rachat rétroactif n'a pas été demandé dans 339 litiges. Toutefois, ce chiffre n'est pas représentatif étant donné que le rachat rétroactif ne concerne pas tout divorce pour rupture irrémédiable.

**Question 5635** (31.01.2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten) concernant les **stands de tir** :

Wéi een an engem „Tageblatt“-Artikel vum 29. Januar liese kann, gëtt et hei am Land Schéissstänn, wou Policebeamten, Zaldoten a privat Sécherheetsbeamte kënnen den Émgang mat Waffen trainéieren an taktesch Übungen maachen. D'Firma, déi d'Schéissstänn bedreift, bitt doriwwer eraus awer och Traininge fir Praktiken un, déi zu Lëtzebuerg net erlaabt sinn a fir déi d'Clients dann an d'Ausland ginn. De President vun der Policegewerkschaft ass am „Tageblatt“-Artikel ganz kritesch, wat dës Schéissstänn an Übungen ugeet: „Taktik verkauft man nicht“ an „Das ist also nicht nur ein nationales, sondern sogar ein internationales Sicherheitsproblem“ (Zitat Pascal Ricquier).

An deem Zesammenhang wëilt ech de Ministere fir bannenzeg Sécherheet a Justiz dës Froe stellen:

1. Wéi gesinn d'Ministernen esou taktesch Übungen, déi zu Lëtzebuerg ugebuede ginn? Wat ass d'Base légale fir dës Trainingen?

2. Wéi gëtt séchergestallt, dass déi Professionell, wa se dann op esou Stänn ginn, just Praktike léieren, déi laut Gesetz och erlaabt sinn?

3. Wëssen d'Ministere vu Beamten an Zaldoten, déi dës Schéissstänn notzen?

4. Wéi stinn d'Ministernen dozou, dass esou Firmen Servicer ubidden, déi zu Lëtzebuerg net erlaabt sinn a fir déi si hir Clients aus Lëtzebuerg dann op Plazen an d'Ausland dirigéieren?

5. Mam Gesetz vum 20. Januar 2022 goufe verschidden Ännerungen virgeholl, wat den Émgang mat Waffen ugeet. Ab wéi engem Alter dierfe Persounen op engem Schéissstand, wéi deem am Zeitungsartikel ernimmten, trainéieren?

**Réponse commune** (01.03.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure*, et de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1. + 4. Eisen Informationne no si bis elo iwwert d'Kommodosgesetz just Schéissstänn ugefrot an geneemegt ginn, wou den Tireur stationär ass. Der Regierung ass net bekannt, dass taktesch Übunge zu Lëtzebuerg ugebuede ginn. Wéi och aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5639 vun den honorabelen Deputéierten Claude Lamberty a Max

Hahn ervirgeet, ass ze bemierken, datt d'Kommodosgeneemegung technesch an organisatoresch Konditiounen festleet, wat d'Sécherheet während der Exploitioun ugeet. An de Geneemegung gëtt net festgeluecht, wien un esou Coursen dierf deelhuele a wéi eng Konditiounen mussen erfëllt sinn. Wann déi taktesch Übungen am Ausland ugebuede ginn a konform zu de jeeweilegen auslännesche Legislatiounen sinn, dann ass et deemno och net verbueden, sech dohin ze deplacéieren.

ad 2. + 3. D'Direktioun vun der Police huet hire Memberen dovun ofgeroden, un esou Aktivitéiten deelzehuele. Allerdéngs ass d'Regierung net um Courant iwwert d'privat Aktivitéite vun hire Beamten. Wann allgemeng e Behuele vun engem Client um Schéissstand géif géint d'Strofgesetz verstousen, da misst dat och poursuivéiert ginn. Vu dass et der ITM net bekannt ass, dass et zu Lëtzebuerg Schéissstänn ginn, wou taktesch Übunge fir Zivilisten ugebuede ginn, ass an deem Kontext keng Kontroll duerchgefouert ginn.

ad 5. Den Alter, ab deem eng Persoun dierf op engem Schéissstand „trainéieren“, dat heescht mat enger Net-Feierwaff oder mat enger Feuerwaff dierf schéisse goen, hänkt net vum Schéissstand of, mee vum Alter, ab deem déi Persoun déi virgenannte Waffen dierf benotzen, fir domat ze schéissen. Persounen, déi Titulaire si vun engem Waffeschäin (autorisation de port d'armes) kënnen grondsätzlech op e Schéissstand goen, fir do ze schéissen. Op d'Fro, wien zu Lëtzebuerg op e Schéissstand schéisse goen dierf, do gëtt op d'Äntwert op d'Fro 2 op déi parlamentaresch Fro N° 5639 vun den honorabelen Deputéierte Claude Lamberty a Max Hahn verwisen.

**Question 5639** (01.02.2022) de **MM. Claude Lamberty** et **Max Hahn** (DP) concernant les **stands de tir** :

De Weekend war an enger Lëtzeburger Dageszeitung ze liesen, dass Reklamme fir e Schéissstand just hannert der Lëtzeburger Grenz op der Facebooksät vu Coronamesurégéigner publizéiert gi wieren. An dës Reklamme géifen da Waffen- a Schéisscoursen ugebuede ginn.

Et liest ee weider, dass esouwuel Professioneller, wéi och Privatleit dës Course kënnen besichen. Et géif dorop opgepasst, dass keng Extremisten oder politesch motivéiert Persounen ënnert de Particpanten derbäi wieren, allerdéngs wier et net méiglech, Abléck an de Casier vun den eenzele Leit ze kréien.

Den Aussoe vun der Police an dësem Artikel no géif een esou Betriber kritesch gesinn. Zwar géif ee vun der Police an der Arméi aus op intern Ausbildungen zeréckgräifen, an trotzdeem géif e Sécherheetsproblem bestoen, well Polizisten och privat un de Coursé géifen deelhuele. Déi taktesch Ausbildung wier op europäeschem Niveau ofgeschwat an esou „Trainingen“ op dës Schéissstänn kéinten am schlémmste Fall vun de nationale Gesetzer ofwäichen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Justizministesch an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

1. Wéi si Schéissstänn hei am Land allgemeng reglementéiert?

2. Wien dierf zu Lëtzebuerg op e Schéissstand schéisse goen?

3. Ginn zu Lëtzebuerg och Coursé fir Privatleit a Betriber ugebueden?

4. Falls jo, wat fir Konditiounen muss een do erfëllen a brauch een, fir un esou engem Cours deelzehuele, e Waffeschäin?

5. Ginn op Lëtzeburger Schéissstänn och taktesch Übunge fir Zivilisten ugebueden?

6. Ginn an dem Kontext reegelméisseg Kontrollen op de Schéissstänn gemaach?

**Réponse** (28.02.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1. D'Schéissstänn falen ënnert de Punkt 060410 vun der Nomenklatur vum modifizéierte Gesetz vum 10. Juni 1999 iwwer geneemegungspflichteg Betriber, dat sougenannt „Kommodosgesetz“, a brauchen deementspriedend eng Kommodosgeneemegung.

An där Kommodosgeneemegung leet den Aarbechtsminister d'Konditiounen fest, fir d'Sécherheet vum Public a vum Voisinage souwéi d'Sécherheet, d'Hygiène an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz, d'Salubritéit an d'Ergonomie am Kader vun där Exploitioun ze garantéieren.

Doriwwer eraus decidéiert natierlech all Gemeng selwer, ob e Schéissstand op hirem Territoire kann an dierf exploitéiert ginn.

ad 2. Am ofgeännerte Waffegesetz vum 15. Mäerz 1983 ass deemno virgesinn, dass eng volljäreg Persoun eng Netfeierwaff, déi eng kyneetesche Energie

vu méi wéi 0,5 Joules, awer manner wéi 7,5 Joules, ouni Autorisation vum Justizministère um direkte Wee vun doheim op e Schéissstand oder eng autoriséiert Schéisskompetitioun um Lëtzeburger Territoire dierf transportéieren an do och schéissen, an dat ënnert der Konditioun, dass déi Persoun och eng valabel Memberskaart an enger Scheissasociation huet. Netfeierwaffe mat enger kyneetescher Energie vu manner wéi 0,5 Joules falen net an den Uwendungsberäich vum ofgeännerte Waffegesetz vum 1983. E Mannerjärege muss de schréfftlechen Accord virleeë vun der Persoun, déi d'Autorité parentale iwwert dës Mannerjärege huet. Et dierf och just mat Netfeierwaffe geschoss ginn, wann entweeder d'Persoun, déi d'Autorité parentale iwwert dës Mannerjärege huet, derbäi ass oder eng Persoun, déi op d'mannst säit zwee Joer Titulaire vun enger Autorisation de port d'armes ass. Mat enger Netfeierwaff vu méi wéi 7,5 Joules oder enger Feuerwaff muss d'Persoun, déi op e Schéissstand wëll goen, Titulaire vun enger Autorisation de port d'armes sinn.

ad 3. Et ass net ausgeschloss oder per se verbueden, dass den Exploitant vun engem Schéissstand och Coursé fir Privatleit oder Betriber kéint ubidden.

ad 4. Fir un esou engem Cours selwer dierfen deelzehuele, brauch ee kee Waffeschäin. Natierlech ënnert awer d'Schéissen um Schéissstand de Reegelen, déi am Waffegesetz festgeluecht sinn. Et gëtt hei op d'Äntwert op d'Fro 2 verwisen.

Allgemeng ass ze bemierken, datt d'Kommodosgeneemegung technesch an organisatoresch Konditiounen festleet, wat d'Sécherheet während der Exploitioun ugeet. An de Geneemegung gëtt net festgeluecht, wien un esou Coursen dierf deelhuele a wéi eng Konditiounen mussen erfëllt sinn.

ad 5. Eisen Informationne no si bis elo iwwert d'Kommodosgesetz just Schéissstänn ugefrot ageneemegt ginn, wou den Tireur stationär ass.

ad 6. Vu dass der ITM net bekannt ass, dass et zu Lëtzebuerg Schéissstänn ginn, wou taktesch Übunge fir Zivilisten ugebuede ginn, ass an deem Kontext keng Kontroll duerchgefouert ginn.

**Question 5646** (01.02.2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR) concernant les **infections Covid-19 liées au secteur Horeca** :

Wéi d'Regierung an der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5426 geschriwwen huet, war et op Basis vum Contacttracing méiglech, bei der Gestiou vun der Covidsituatioun verschidden Infektiounen engem potenziellen Ursprongsberäich vu gesellschaftlechen Aktivitéiten, an deem Fall dem Sport, zouzeuerdnen. An de leschten zwee Joer war awer kee Beräich sou strenge Moosnamen ënnerworf, déi doriwwer eraus méi wéi dacks changéiert hunn, wéi den Horeca an d'Nuetsclubb. Fir datt esou Moosnamen vun de Leit egeverantwortlech respektéiert kënnen ginn, ass et immanent, datt dës kloer strukturéiert an net mëssverständlech sinn a proportional zu der Situatioun stinn.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Infektiounen mam Covid-19 säit dem 1. Mäerz 2020 potenziell an/oder tatsächlech a Relatioun mam Horeca-Beräich an den Nuetsclubb festgestallt gi sinn? Kann d'Regierung eng Grafik presentéieren, déi den zäitlechen Oflaf vun dësen Infektiounen säit dem 1. Mäerz 2020 bis zum 31. Dezember 2021 ofbilt? Kann d'Regierung unhand vun dëser Grafik elaboréieren, wéi dës Infektiounsziel am Zesammenhang mat der Upassung vun de Covidmesuren an deene genannte Beräicher stoungen, déi am Kader vum Gesetz vum 17. Juli 2020 souwéi senger 24 Modifikatiounen bis zum virdru genannte Stéchdatum erlooss goufen?

2. Kann d'Regierung eng Grafik presentéieren, wéi d'Zuel vun deene Leit, déi vum 1. Mäerz 2020 bis zum 31. Dezember 2021 potenziell an/oder tatsächlech a Relatioun mam Horeca-Beräich an den Nuetsclubb positiv op de Covid-19 getest goufen, sech opdeelt op Leit, déi sech am baussenzege Beräich vun den Terrassen an am bannenzege Beräich ugestach haten a wéi dës Zielene iwwert de genannten Zäitraum variéieren? Kann d'Regierung eng Grafik presentéieren, déi weist, zu wéi engen ënnerschiddlechen Auerzäiten d'Leit sech (och opgedeelt no deene genannte Beräicher) ugestach haten a wéi dës Erkenntnesser am Zesammenhang mat der Upassung vun de Covidmoosnamen am Horeca an den Nuetsclubb stoungen, déi am Kader vum Gesetz vum 17. Juli 2020 souwéi senger 24 Modifikatiounen bis zum virdru genannte Stéchdatum erlooss goufen?

3. Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill vun deene potenziell an/oder tatsächlech a Relatioun mam Horeca-Beräich an den Nuetsclubb positiv op de Covid-19 geteste Leit keng Symptomer haten a wéi vill liicht Symptomer gewisen hunn? Wéi vill vun deene Leit hu missen hospitaliséiert ginn a wéi vill





vun hinnen hu missen op der Intensivstatioun behandelt ginn? Kann d'Regierung den zäitlechen Oflaf vun desen ënnerschiddleche Krankheetsbiller unhand vun enger Grafik visualiséieren? Kann d'Regierung op där Basis preziséieren, ob de Verlaf vun der Covidsituatioun am Horeca-Beräich an den Nuetsclibb en vue vum zäitlechen Oflaf souwéi vum symptomateschen Impakt vun de Krankheetsbiller hier, hei ausgedréckt a Prozent, ëmmer proportional zu der Situatioun am Rescht vun der Gesellschaft stoung? Falls net, wéini hu gréisser Ofwäichunge stattfonnt a wéi goufen dës an der Ursachenanalys vun der Regierung bewäert? Wéi sinn se am Sënn vun der Fro virdrun an déi eenzel Gesetzestexter mat agefloss?

4. Mam Covidgesetz vum 18. Oktober 2021 souwéi och mat de Modifikatiounen vun deem Gesetz goufen d'Moosnamen am Horeca-Beräich sou wéi den Nuetsclibb stufeweis ëmmer méi verschäerft an et gëllt mëttlerweil flächendeckend den 2G-Regime. Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Leit, déi säit dem 1. Januar 2021 potenziell an/oder tatsächlech a Relatioun mam Horeca-Beräich an den Nuetsclibb positiv op Covid-19 getest goufen, zum Zäitpunkt vum positive PCR-Test eng éischt Impfdosis, eng zweet Impfdosis oder eng Boosterimpfung (inklusive deene Leit, déi eng Dosis vum Johnson & Johnson-Vaccin gesprézt kruten a jee no Definitioun net als geboostert gëllen) empfaang haten? Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Leit, déi am Zäitraum vum 1. September bis zum 17. Oktober potenziell an/oder tatsächlech a Relatioun mam Horeca-Beräich an den Nuetsclibb positiv op Covid-19 getest goufen, zum Zäitpunkt vum positive PCR-Test nach keng éischt Impfdosis haten a wéi eng Krankheetsbiller sech fir déi jeeeweileg Gruppe gewisen hunn?

5. Wéi schonn an der Fro virdu geschriwwen, gëllt säit dem 18. Oktober 2021 am Horeca-Beräich souwéi an den Nuetsclibb den 2G-Regime. Am Kader vun enger Pressekonferenz zu der Adaptatioun vun de Covidmoosnamen vum 8. Oktober huet den Här Staatsminister a Presenz vun der Madamm Gesondheetsminister folgendes ausgesot: „Mir sinn eis bewosst, dass mer mat dese Mesuren d'Liewe vun net geimpfte Leit manner agreabel maachen, mee mir hu kee Choix.“ Déi allermeescht Bierger empfangen dat soziaalt Zesummesinn an engem Restaurant, engem Café oder och nach an enger Disko als agreabel. Kann d'Regierung confirméieren, datt d'Moosnamen am Horeca-Beräich an den Nuetsclibb ausschliisslech op medezinnesch Analysen an Iwwerleungen zeréckzeféiere waren an ausschléissen, datt politesch Ziler, wéi zum Beispill d'Leit zu enger Impfung géint de Covid-19 ze beweegen, eng Roll gespillt hunn? Falls net, wéi eng speziell Kompensatiounsmoosname goufen en place gesat respektiv sinn nach geplangt, fir all déi betraffe Geschäftsleit ze entschueden? Op wéi enger verfassungs- a mënscherechtlecher Grondlag wier sou eng Entscheedung geholl ginn?

**Réponse commune** (28.02.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État* :

Virop gëllt et ze ënnerstraichen, datt bei engem héije Prozentsaz vun Infektiounen d'Infektiounsquell net retracabel ass; d. h. datt déi Leit, déi positiv op de Covid-19 getest goufen, beim Gespréich mam Contacttracing net eendeiteg soe kënnen, wou si sech ugestach hunn. Beim Interview, dee gefouert gëtt, ginn d'Leit effektiv gefrot, ob si, kuerz iert si positiv getest goufen, an engem Horeca-Etablissement waren. Zwéischent dem 1. März 2020 an dem 31. Dezember 2021 hunn an deem Sënn 2.409 Covid-19-Fäll dem Contacttracing ugin, datt si kuerz virun hirem positiven Test sech an engem Restaurant, Bar, Café oder Discothék opgehale hunn an datt hir Infektioun potentiell op desen Openthalt zeréckzeféieren ass. Et kann allerdéngs fir all dës Fäll ni sécher behaupten, datt d'Infektioun effektiv dorop zeréckzeféieren ass. Daat ass just de Fall, wann zäitlech begrenzte Clusteren an desen Etablissementer opgetruede sinn. Dann ass d'Chance effektiv méi grouss, datt et an deem Kontext zu enger Infektiounskette komm ass an datt d'Infektiounen op den Openthalt an deem Etablissement zeréckzeféiere sinn.

D'Unzuel vun den uewe genannte Covid-19-Fäll, déi potentiell a Relatioun mam Horeca-Secteur stinn, war änlech wéi déi vun der genereller Bevëlkerung, d. h. wann d'Infektiounszuelen am Generellen an der Bevëlkerung an d'Lucht gaange sinn, sinn och méi Infektiounen mam Horeca-Secteur a Verbindung bruecht ginn. Eng Ausnam ass allerdéngs am Summer 2021 festgestallt ginn, wou an deenen dräi Wochen no Nationalfeierdag eng gréisser Zuel vu Covid-19-Fäll festgestallt gouf, déi am Zesummenhang mat de Festivitéiten vum Virowend vun Na-

tionalfeierdag stoungen. Dese gréissere Cluster ass opgefall, well e mam Variant Gamma a Verbindung stoung a virun Nationalfeierdag nach bal exklusiv d'Variant Delta hei am Land zirkuléiert ass.

Bis virun Nationalfeierdag 2021, gouf eng potentiell Ustiechung am Horeca-Secteur manner am Contacttracing erfaasst. Réischt ab deem Moment, wou e klaren Zesummenhang mat engem Ustig un Infektiounen an de Festivitéiten ëm Nationalfeierdag festgestallt gouf, gouf d'Datenerfaassung vun enger potentieller Ustiechungsquell am Horeca-Beräich méi systematesch gemaach.

Et leien dem Contacttracing weider keng Detailer vir, ob et bei de Covid-19-Fäll, déi am Zesummenhang mam Horeca-Secteur stinn, eventuell schwéier Verleef an/oder Hospitalisatiounen gouf.

**Question 5652** (02.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant le **patrimoine ferroviaire** :

Vill al Gebaier, déi en Zesummenhang mam Schinneverkéier hunn, an och Terrainen, déi no un de Schinne leien, sinn am Besëtz vun CFL Group. Esou ass et net verwonnerlech, dass d'CFL e Groussdeel vum Lëtzebuerger Patrimoine ferroviaire besëtzt.

An Zesummenaarbecht mam Mobilitéitsministère gouf d'Schinnennetz am Land vun der CFL ëmmer nees ausgebaut a wäert an Zukunft och nach weider ausgebaut ginn. Fir de Patrimoine ferroviaire bedeit dat, dass op enger ganzer Rei Plazen zu Lëtzebuerg al Gebaier (z. B. Garen) ofgerappt ginn, fir Plaz ze schafe fir nei Konstruktiounen oder en Ausbau vun der Unzuel u Quaien. Dës Demolitiounen hunn an der Vergaangenheet scho méi wéi eng Kéier zu Reaktiounen vu Säite vun der Zivillgesellschaft gefouert, déi eng besser Protektioun vum Patrimoine fuerdert.

An deem Zesummenhang wëllt ech de Ministère fir Mobilitéit a Kultur dës Froe stellen:

1. Wéi schafft CFL Group, de Service des sites et monuments nationaux, de Mobilitéitsministère an de Kulturministère zesummen, fir ze decidéieren, wéi eng Haier an Objeten, déi a Proximitéit vun de Schinne stinn, ofgerappt a wéi eng erhale solle ginn? Goufen hei tëscht der Regierung an der CFL schréfflech Accorde geschloss, déi genee festleeën, wéi eng Gebaier/Objeten/Fläche bei aktuell scho geplangte Chantiere vun der CFL wäerten erhale ginn a wéi eng net?

2. Verhandlungen tëscht der CFL, dem Service des sites et monuments nationaux an der Regierung sollen dozou gefouert hunn, dass eng Lëscht erstellt konnt gi mat Garen, déi als Deel vum Patrimoine geschützt wäerte ginn. Wéi eng Garé stinn op deser Lëscht a wat wäert mat deenen anere geschéien?

3. Demolitiounen an nei Konstruktiounen sinn och ëmmer mat engem Ufale vu Bauschutt an engem héijem CO<sub>2</sub>-Ausstouss verbonnen. Ass geplangt, bei zukünftigen Demolitiounen beim Ausbau an der Erneuerung vum Schinnennetz an de Garen en Depôt unzeleeën, wou Baelementer (z. B. Steng oder Dieeren a Fënsteren etc.) kéinte gelagert ginn, fir a spéidere Projeten nees verbaut kënnen ze ginn, fir Ressourcen ze spueren?

**Réponse commune** (10.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture* :

ad 1. De Service des sites et monuments nationaux (SSMN) huet viru Joren e Reperage erstellt iwwert all déi erhalenswäert Gebaier vum Patrimoine ferroviaire. Dës Dokumentatioun gouf der CFL gedeelt a se gouf zesummen tëschent de Responsabele vum SSMN an der CFL analyséiert. Bei desen Aarbechtssëtzen huet d'CFL erkläert, wéi eng Objeten duerch Grënn vun der Sécherheet a fir den Ausbau vum Schinnennetz an den nächste Joren eventuell misste fortkommen. Et gouf vu béide Säite versicht, souvill wéi méiglech vun eise gebauten Eisebunnsierwen ze erhalten. Op Basis vun desen Analysen huet d'Kulturministesch dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten Enn 2021 schréfflech ënnerbreet wéi eng Objete kéinte klasséiert ginn. Duerno koum et zu enger Reunioun tëscht Ministeren, SSMN an CFL, wou festgehal gouf wat ka geschützt ginn, wou nach mussen Etudé gemaach ginn a wéi eng Garé sécher fort mussen.

ad 2. De Service des sites et monuments nationaux féiert eng Lëscht mat de Gebaier vum Lëtzebuerger Patrimoine ferroviaire, déi entweder scho geschützt sinn oder déi schützenswäert sinn. D'CFL huet zu all deene Gebaier een Avis ofginn. Op Basis

vun deem Avis sinn d'Gebaier an zwou Kategorien ënnerdeelt ginn.

Déi éischt Kategorie enthält all d'Gebaier, wou d'CFL eng konkret Iddi huet vun den Entwécklungen op deem Site. Am Fall wou déi Entwécklungen keen Afloss op d'Gebai hunn, kann dat Gebai klasséiert ginn.

23 Gebaier wäerten an de nächste Méint national geschützt ginn. Véier sinn et schonn: d'Garen aus der Stad Lëtzebuerg, déi vun Nierzeng, vu Miersch a vu Cruchten. D'Garé vun Ettelbréck, Biergem a Capellen an d'Barrireshaischen zu Miersch kënnen net stoebleiwen.

Folgend Objete ginn an enger éischter Phase klasséiert:

- Gare vu Walfer
- Dépôt vun der Gare vu Walfer
- Gare vu Luerenzweiler
- Gare vun Dikrech
- Gare vu Klierf
- Hangar à marchandise vun der Gare vu Woltz
- Gare vu Rued-Sir
- Sanitärshaische vun der Gare vu Rued-Sir
- Lampisterie vun der Gare vu Rued-Sir
- Hangar vun der Gare vu Rued-Sir
- Gare vu Wecker
- Lampisterie vun der Gare vu Wecker
- Fréiere Lokomotivschapp vu Waasserbëlleg
- Gare vu Mamer
- Gare vu Leideleng
- Gare vu Péiteng
- Gare vu Beetebuerg
- Lampisterie vun der Gare vu Beetebuerg
- Fréiert Douanesgebai vun der Gare vu Beetebuerg
- Gare vu Rodange
- Gare vun Téiteng
- Fréier Gare vu Sandweiler-Konter
- Barrireshaische vu Sandweiler-Konter

An der zweeter Kategorie sinn déi Gebaier enthalen, wou d'CFL sech zu deem Zäitpunkt nach net festleeën kann. Fir déi Gebaier mussen Etuden ofgewart ginn, déi dovunner ofhängeg sinn, wéi den Ausbau an d'Sécherheet vum Schinnennetz an Zukunft ausgesäit. SSMN an CFL wäerte sech och weider zesummesetzen, fir am Sënn vum Patrimoine ferroviaire déi beschtméiglech Resultater ze ermëttelen an nach weider Gebaier ze erhalten an ze schützen.

ad 3. Et ass richtege, dass d'Ofrappe vu Bausubstanze mat engem héijem CO<sub>2</sub>-Ausstouss verbonnen ass. Natierlech ginn d'Normen an d'Reegele vun Ofrappaarbechten op eise Chantieren agehalen, sou ginn zum Beispill aus Ëmweltgrënn déi eenzel Elementer a Baustoffer vun Ufank u getrennt ofgedroen a recycléiert.

Bei der Gare vun Ettelbréck ginn d'Hasteng vun der Fassad, esou wéi och déi historesch Marquise vum Quai esou ofgedroen, dass et méiglech bleift se erëm ze verwäerten. Leider ass dës awer net bei alle Baumaterialie méiglech, sief et well divers Elementer mat géftege Substanzen, wéi zum Beispill Asbest, verkleet goufen oder och einfach net kënnen ofgedroe ginn, ouni se ze beschiedegen.

**Question urgente 6309** (07.06.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **confiscation d'avions appartenant à des oligarques russes** :

Wéi an däitsche Medien ze liesen ass, plangt d'USA d'Fligeren, déi am Besëtz vum Roman Abramowitsch sinn, ze beschlagnamen. De „Warrant of Seizure“ nennt dann och d'Gulfstream-Maschinn LX-RAY, déi ënnert lëtzebuergeschem Fändel flitt. Den amerikanesche Justizministère huet aktiv Schrëtt ugeknegt, fir an de Besëtz vun dese Fligeren ze kommen.

An deem Zesummenhang wëllt ech der Ministesch fir Finanzen dës Froe stellen:

1. Hunn d'USA schonns offiziell zu Lëtzebuerg ugefrot, fir de Gulfstream ze beschlagnamen?

2. Wat fir Konsequenze wäert dës Initiativ vun den USA op Lëtzebuerg hunn?

3. Wéi plangen d'Lëtzebuerger Autoritéiten, d'USA bei der Beschlagnamung ze ënnerstëtzen? Si scho Mesuré geholl ginn oder geplangt?

4. Wéi eng Schrëtt hunn d'Ministèren ënnerholl, fir Lizenze vun de Fligere vun Oligarchen ze entzéien an dës Fliger ze blockéieren?

5. Sinn nach weider Fligeren ënner Lëtzebuerger Lizenz déi Gefor lafen, vu Sanktiounen getraff ze ginn?

**Réponse commune** (14.06.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances*, de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*, et de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

Weeder de Finanzministère nach de Justizministère si kontaktéiert gi vun den amerikaneschen Autoritéiten am Kontext vun enger eventueller Beschlag-

namung vu Fligeren, déi am Besëtz vum Roman Abramowitsch sinn.

Generell ass et esou, datt soubal e Fliger identifizéiert ginn ass, deen ënnert déi europäesch Sanktiounen fält, d'Direction de l'aviation civile déi néideg Schrëtt aleet fir de Fliger ze immobiliséieren, ggf. duerch d'Suspensioun vum Certificat de navigabilité (Flugtauglechkeetscertificat), ouni deen e Fliger net legal fléie kann.

Mam Concours vun den Exploitanté goufe bis elo fënnef Fligeren identifizéiert, déi individuell ënnert d'europäesch Sanktiounen kéinte falen. D'Exploitatioun vun deene Fligere gouf ausgesat, se goufen immobiliséiert an hir Certificats de navigabilité goufe suspendéiert. Op dese Maschinnen dierf och keen Entretien effectuéiert ginn. D'Direction de l'aviation civile kann an deem Kontext confirméieren, datt e Lëtzebuerger Operateur e Fliger, weinst supposéierte Lienen zur Famill vum Roman Abramowitsch, säit dem 15. März immobiliséiert huet.

**Question urgente 6367** (16.06.2022) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) concernant la **variole du singe** :

De 16. Juni huet de Gesondheitsministère matgedeelt, datt et zu Lëtzebuerg en éischte Fall vun Afepouke gëtt.

An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

- Kënn Dir weider Informatiounen zur Persoun ginn, déi sech mam Virus vun den Afepouken ugestach huet?

• Wa jo, wou huet sech déi betraffe Persoun ugestach?

- Konnt e lückenlosen Traçage assuréiert ginn?

- Ass de Règlement grand-ducal d'exécution vum Gesetz vum 1. August 2018 iwwert d'meldeflichteg Krankheete schonn adaptéiert ginn, esou wéi dat an der Äntwert vum 30. Mee op d'parlamentaresch Fro Nr. 6234 ugekënnegt gi war?

- Wéini verëffentlecht de Conseil supérieur des maladies infectieuses eng Recommandatioun zu den Afepouken?

- Huet d'Direktioun vun der Santé, wéi an der Äntwert vum 30. Mee op d'parlamentaresch Fro Nr. 6234 ugekënnegt, schonn Impfstoff géint d'Afepouke kaf?

• Wa jo, wéi vill Dose sinn disponibel?

- Huet d'Direktioun vun der Santé, wéi an der Äntwert vum 30. Mee op d'parlamentaresch Fro Nr. 6234 ugekënnegt, schonn dat antiviraalt Medikament Tecovirimat kaf?

• Wa jo, wéi vill Dose sinn disponibel?

**Réponse** (22.06.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

De Gesondheitsministère confirméiert, dass rezent en éischte Fall vun Afepouken zu Lëtzebuerg diagnostizéiert gouf.

De Ministère huet natierlech keen direkten Zougrëff op medezinnesch Donnéeën vum Patient, well dës dem Secret médical ënnerleien an nëmmen de Medezinner aus der Gesondheetsdirektioun bekannt sinn, a soumat selbstverständlech net public gemaach kënnen ginn.

D'Gesondheetsdirektioun huet och de Contacttracing vum Fall ganz duerchgefouert.

D'Modifikatioun vum Règlement grand-ducal iwwert d'ustiechend Krankheete gouf den 3. Juni 2022 publizéiert, nodeem et en urgence vum Regierungsrat ugeholl gi war, an ass de 7. Juni 2022 a Kraaft getrueden.

De Conseil supérieur des maladies infectieuses (CSMI) huet sech den 21. Juni 2022 gesinn, fir iwwert eventuell zousätzlech Recommandatiounen ze diskutéieren a wäert dës, falls néideg, kuerzfristeg publizéieren.

Wéi d'EU-Kommissioun de 14. Juni 2022 ugekënnegt huet, huet si 110.000 Dosen Impfstoff bestallt. Dovu si bis zu 2.500 Dose virgesi fir Lëtzebuerg. D'Liwverung fir Europa soll nach virun Enn vum Mount sinn, e genauen Datum gëtt et awer nach net. Fir eng Grondimmuniséierung ginn zwou Dose gebraucht. Et ass sech ze erwaarden, dass den CSMI, wéi an anere Länner och, fir een zimlech restriktiven Asaz vun deem Impfstoff ausschwätze wäert.

Och fir den Tecovirimat ass eng europäesch Bestellung an der Preparatioun, mir hunn do awer nach keng Präzisierungen, wat déi genau Quantitéit oder Liwwerfrist uegt. Lëtzebuerg huet awer emol eng 100 komplett Traitement virgesinn, wat och misst duergoen, wann een dovun ausgeet, dass esou een Traitement nëmmen ugewant géif gi bei Leit mat engem ganz grouse Risk fir schwéier Komplikatounen.







# CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

## Compte rendu officiel n° 03 | Session ordinaire 2021-2022

|                                                |        |                                             |        |                        |                           |
|------------------------------------------------|--------|---------------------------------------------|--------|------------------------|---------------------------|
| Débat sur la politique européenne et étrangère | p. 100 | Sommaire des séances publiques n°s 10 et 11 | p. 144 | 10 <sup>e</sup> séance | Mercredi 10 novembre 2021 |
| Modifications du droit du travail              | p. 141 | Sommaire des questions parlementaires       | p. Q25 | 11 <sup>e</sup> séance | Jeudi 11 novembre 2021    |

Offiziell Zeremonie fir Nationalfeierdag

## D’Bedeutung vun Heemecht an onsécheren Zäiten

D’Bedeutung vun Heemecht a Solidaritéit gradesou wéi d’Wärter vum Grand-Duché waren zentral Elementer an der Ried, déi de Chamberspräsident, den Här Fernand Etgen, während der offizieller Zeremonie fir Nationalfeierdag, den 23. Juni 2022, an der Philharmonie gehalten huet.

„Wat ass eng Heemecht an dësen Zäiten? Et ass déi Plaz, wou een d’Gefill huet, dozouzegehéieren. Heemecht ass eppes, wat engem net egal ass, wou een houfreg drop ass a sech sécher spiert“, huet den Här Etgen a senger Ried virun de Staatsvertreder a Bierger betount. „Wat eng Heemecht bedeit, gëtt engem leider och kloer, wann een aneren engem se wëllt ewechhuelen.“

Sou ergeet et de Moment iwwer 40 Milliounen Ukrainer duerch eng inakzeptabel Attack op hiert Land“, huet de Chamberspräsident weider gesot an un déi historiesch Interventioun vum Volodymyr Zelensky virun den Deputéierten iwwer Visiokonferenz ufanks Juni erënnert.

Den ukrainesche President hat d’Lëtzebuerger Nationaldevise „Mir wëlle bleiwe wat mir sinn“ zi-

téiert. Eng Devise, déi allerdéngs net heescht, dass ee sech a sech verschléisse soll, mee ganz am Géigendeel, wéi den Här Etgen ënnerstrach huet: „Eis Devise kënnt am Fong aus engem Kontext, dee genee de Contraire ass vun engem zouenen Nationalismus. Am Feierwon geet et ëm Weltoffenheet. Duerch Europa an eis Weltverbondenheet ass eist Land méi staark ginn. Mat eise Heemechtsgefill geet dat Hand an Hand.“

**„Duerch Europa an eis  
Weltverbondenheet ass eist Land  
méi staark ginn“**

Fernand Etgen,  
Chamberspräsident

### D’Wichtigkeet vun de Grondwäerter

De Chamberspräsident huet un d’Grondwäerter vu Lëtzebuerg erënnert: Demokratie, Fräiheet, Gerechtkeet - Wäerter, déi trotz hirer Verankerung an de Gesetzter an Institutione fragill sinn: „Heemecht ass do, wou ee Rechter huet, wou een nogelauschtert kritt, wou een dierf matschwätzen.“

D’EU garantéiert eis dat iwwert d’Grenze vun eise Land eraus. An dat wënschen ech och all europäeschem Land, dat nach net an der EU ass, an haut besonnesch der Ukrain, dass d’Weiche Richtung Europa gestallt ginn.“

### Ënnert dem Zeeche vun der Solidaritéit

Fir de Chamberspräsident sollt Nationalfeierdag 2022 ënnert dem Zeeche vun der Solidaritéit stoen. Dës Solidaritéit sollt sech an ënnerschiddleche Forme weisen: mat der Ukrain, am Kontext vun de sozialen an ekonomeschen Ongläichheete vun der sanitärer Kris, awer och beim Klimawandel.



De Chamberspräsident, den Här Fernand Etgen, während senger Ried an der Philharmonie © SIP

Visite du Vice-Président de la Commission européenne, M. Frans Timmermans

## La transition énergétique au cœur des échanges

L’Union européenne mène le débat sur la transition énergétique, selon M. Frans Timmermans, Vice-Président de la Commission européenne et chargé du pacte vert pour l’Europe.

Au-delà du réchauffement climatique, le pacte vert est aussi un enjeu géopolitique à son avis. « Si le monde ne prend pas la bonne direction, on assistera à une multiplication des guerres pour l’eau et pour la nourriture », estime-t-il.

En visite à la Chambre des Députés le 4 juillet 2022, M. Timmermans a discuté des thèmes de son portefeuille avec des députés, des membres du Parlement européen et des membres du Parlement des jeunes. Il a, à cette occasion, souhaité remer-

cier le Luxembourg d’avoir été jusqu’à présent un « partenaire aussi constructif ».

Pour M. Timmermans, ce ne sont pas l’argent ni les technologies qui représenteraient le risque principal dans le domaine de la transition énergétique, mais le fait que des gens puissent être laissés pour compte. Ils pourraient notamment souffrir des changements que la transition amènera dans le monde du travail. La grande question sociale de la génération actuelle et de la suivante serait ainsi de veiller à ce que « tout le monde soit inclus » dans le changement.

Toujours selon le Vice-Président de la Commission européenne, l’Europe serait en excellente posi-

tion pour relever ces défis. Elle serait la seule à avoir un véritable projet dans ce domaine et serait donc aussi en position de prendre un avantage compétitif par rapport aux États-Unis et à la Chine. La transition énergétique serait également le seul moyen de garantir son indépendance énergétique, dont la guerre en Ukraine montre actuellement tout l’enjeu.

### Les conséquences de la guerre sur la transition énergétique

Les députés ont voulu savoir si la guerre en Ukraine pourrait accélérer la transition énergétique. M. Timmermans a répondu en citant l’exemple du Groupe de Visegrád (Pologne, République tchèque,

Slovaquie, Hongrie) dont trois des quatre pays membres seraient désormais favorables à une transition énergétique. Il a reconnu dans ce contexte qu’il avait eu tort par le passé de croire que la dépendance entre l’Europe et la Russie en matière de commerce de l’énergie était mutuelle.

Il faudrait ainsi, selon le Vice-Président, préparer la société aux conséquences d’éventuelles pénuries. M. Timmermans a annoncé un rapport sur ce sujet, qu’il espère pouvoir présenter aux États membres le 20 juillet 2022, et il a insisté sur la nécessité de maintenir l’union dont l’Europe a fait preuve jusqu’à présent.

### Entre souveraineté énergétique et transition juste

Les députés ont demandé quelles perspectives commerciales et diplomatiques M. Timmermans entrevoyait pour l’Europe dans le cadre de la transition énergétique. Pour les technologies permettant la transition, il faudrait, soulignent les députés, des matières premières et des composants technologiques en provenance de pays comme la Chine. Or, comment assurer dans ce cas un degré suffisant de souveraineté ? Le Vice-Président a affirmé qu’un certain degré d’ouverture était nécessaire et qu’il ne fallait pas « revenir au XIX<sup>e</sup> siècle ». Il faudrait surtout œuvrer à créer les conditions pour que tous les pays puissent se diriger vers une économie « soutenable ». Il a également signalé dans ce contexte qu’une industrie européenne des batteries « remarquable » était en train de voir le jour, basée sur des matériaux qu’on trouve en Europe.

Les députés ont également souhaité connaître les moyens pour garantir une transition juste. M. Timmermans a reconnu qu’il s’agissait de la question la plus difficile et la plus importante. Pour lui, cela passera par des questions de fiscalité. Il faudra ainsi « réinventer la redistribution » des richesses et empêcher les « ultraradicaux » de profiter de l’insécurité provoquée par les questions que soulève la transition énergétique pour mettre en opposition les « agendas » vert et social.



M. Frans Timmermans, Vice-Président de la Commission européenne (au milieu), entouré de membres de la Chambre des Députés, du Parlement européen et du Parlement des jeunes, de même que du Ministre de l’Énergie, de la Représentante de la Commission européenne au Luxembourg et du Secrétaire général de la Chambre



Session plénière d'été de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe (APCE)

# L'accent porté sur la question migratoire



**M. Paul Galles, Mme Josée Lorsché, Mme Octavie Modert et M. Gusty Graas, membres de la délégation luxembourgeoise (de gauche à droite)**

Pour la première fois depuis deux ans et demi, l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe (APCE) s'est retrouvée exclusivement en présentiel au Palais de l'Europe à Strasbourg du 20 au 24 juin 2022. Une délégation parlementaire luxembourgeoise s'est rendue dans la capitale alsacienne pour participer aux délibérations.

L'agenda de la session d'été a été particulièrement varié et a donné suite à deux demandes de débats

d'actualité. Le premier concernait l'accord du Royaume-Uni sur les demandeurs d'asile et la réaction critique du Gouvernement britannique concernant la décision de la Cour européenne des droits de l'homme, tandis que le second avait trait aux conséquences du blocus de la mer Noire par les forces russes.

### Une nouvelle charte pour une société non raciste et inclusive

Depuis 1998, les partis politiques européens peuvent apposer leur signature à la Charte des partis politiques européens pour une société non raciste et ainsi contribuer à la sensibilisation des parlementaires. Le texte de la charte, revisitée en collaboration avec le Parlement européen, vise à étendre sa portée et l'Assemblée appelle ses membres à la signer nominalement. Dans son intervention, le président de la délégation luxembourgeoise, M. Gusty Graas, déplore une parole de plus en plus débridée au niveau de l'extrême droite et souligne le fait que ce constat se confirme aussi au sein de l'organisation internationale qu'est l'APCE. Il s'est félicité de cet instrument permettant d'œuvrer dans la lutte contre tout acte discriminatoire et a déclaré soutenir « tout effort aspirant à la construction d'une société plus équitable et plus respectable ».

### La situation des prisonniers politiques en Russie

Un débat conjoint a été tenu sur les cas signalés de prisonniers politiques en Russie. L'APCE appelle les autorités russes à libérer les prisonniers, dont les plus célèbres sont Alexeï Navalny et Alexey Pichugin,

et insiste sur le fait que la Russie est astreinte à respecter les arrêts et décisions de la Cour européenne jusqu'au 16 septembre 2022. La nécessité de rétablir les droits de l'homme et l'État de droit dans le Caucase du Nord a été présentée dans le rapport de M. Frank Schwabe, député socialiste allemand. Il en ressort une résolution invitant les États membres à faciliter l'octroi d'une autorisation d'asile aux personnes essentiellement touchées telles que les journalistes ou les personnes LGBTI.

### Les conséquences humanitaires de la guerre en Ukraine

Une autre résolution s'attaque aux conséquences humanitaires de la guerre en Ukraine, se traduisant par un nombre de personnes déplacées pouvant se chiffrer jusqu'à 9 millions. L'identification précoce des personnes potentiellement vulnérables ainsi qu'un meilleur encadrement de celles-ci dans leur pays d'accueil ont figuré parmi les revendications des parlementaires. « Pour mettre fin aux refoulements sur terre et en mer », voilà le titre d'une autre résolution qui appelle les États membres du Conseil de l'Europe à œuvrer au niveau national afin de contrer cette gestion illégale des flux migratoires et permettre une meilleure protection des réfugiés. Une amélioration des moyens de fonctionnement pour l'agence européenne Frontex ainsi que la possibilité d'ouvrir des enquêtes et de traduire en justice les responsables sont évoqués comme éléments de réponse. La Commission des migrations de l'Assemblée s'est également prononcée sur la sécurité des pays tiers pour les demandeurs d'asile. Un rapport à cet égard sera présenté lors de la session d'octobre.

En présence du Roi des Pays-Bas, S.A.R. Willem-Alexander, les parlementaires ont délibéré sur les responsabilités de l'écrasement du Boeing 777-200ER assurant le vol MH17 de Malaysia Airlines, abattu en 2014 en survol de l'Ukraine par un missile BUK fourni par les autorités russes. La voie de la désinformation choisie par la Fédération de Russie pour traiter ce dossier était l'objet de consternations. À cet égard, l'APCE appelle à la coopération et invite le Gouvernement russe à présenter des excuses officielles aux victimes et à leurs proches.

### Échange de vues avec l'Open Dialogue Foundation

En marge de la session, des membres de la délégation luxembourgeoise ont échangé avec l'organisation internationale non gouvernementale Open Dialogue Foundation (ODF). M. Maciej Ferek, un juge polonais suspendu par la Cour suprême de Pologne, Mme Lyudmyla Kozlovskaya, présidente de l'ODF, ainsi qu'une réfugiée du Kazakhstan ont participé à ces échanges. Trois déclarations écrites ont été appuyées par deux membres de la délégation.

La première fait appel aux institutions européennes à ne pas déboursier de fonds européens pour la Pologne tant que ce pays ne se conforme pas aux principes de l'État de droit et aux valeurs démocratiques. La seconde exhorte le Kazakhstan à libérer tous les prisonniers politiques qui ont été arrêtés suite aux manifestations en début d'année. La troisième, quant à elle, invite les autorités polonaises à reconnaître le rôle de la société civile dans leurs efforts d'intégration des réfugiés ukrainiens.

Session plénière d'été du Parlement Benelux

# La mobilité durable au cœur des discussions

Les 17 et 18 juin 2022, les membres du Parlement Benelux se sont retrouvés pour la session plénière d'été qui s'est tenue au Parlement wallon à Namur. La première journée de la session était consacrée au débat thématique sur la mobilité durable.

Vice-Président de la Commission européenne et en charge des mesures dites du « Green Deal », M. Frans Timmermans s'est notamment exprimé au sujet de la durabilité et du transport. Dans son intervention, il a rappelé l'objectif de l'Union européenne de parvenir à une neutralité climatique d'ici 2050 et que, dans ce contexte, le transport posait un véritable défi. L'une des mesures phares du « paquet climat » de la Commission européenne consiste notamment à interdire, à partir de 2035, la vente de véhicules neufs à moteur thermique, a-t-il ajouté.

Le récent plan national de mobilité du Gouvernement luxembourgeois, qui propose un concept global novateur, a été présenté pendant la deuxième journée de la session qui concernait la multimodalité transfrontalière et le « modal shift ». Selon les prévisions de ce plan, il sera nécessaire de gérer 40 % de déplacements supplémentaires en 2035 par rapport à 2017. À cette fin, le nouveau plan de mobilité prévoit la mise en œuvre de différentes approches préconisées par la

stratégie pour une mobilité durable. Le dernier volet qui portait sur le transport de personnes a mis l'accent sur la politique du vélo, pour laquelle le Benelux a joué un rôle de précurseur en Europe. Dès 2020, les États du Benelux avaient signé la déclaration sur le vélo qui a abouti à une déclaration européenne sur le vélo. Dans cette dernière, un appel a été lancé pour donner la priorité au vélo, allouer plus de ressources en faveur d'une politique cycliste et améliorer l'infrastructure cyclable.

En outre, le Parlement Benelux a adopté des recommandations sur l'hydrogène, sur le transport de marchandises par camion et sur la problématique des pensions transfrontalières.

M. Wouter de Vriendt, rapporteur sur l'hydrogène, a souligné que la transition énergétique était en train de devenir une réalité en Europe et que l'hydrogène jouera son rôle dans le mix énergétique dans un avenir proche.

Dans ce contexte, la technologie de l'hydrogène pourra contribuer à créer de meilleures conditions environnementales, à condition de miser sur une chaîne de production « verte ».

Le Benelux posséderait un fort potentiel pour devenir un précurseur dans le domaine de la technologie de

l'hydrogène et pour servir d'exemple à d'autres régions, a expliqué M. de Vriendt. La recommandation adoptée rappelle que l'objectif principal est de parvenir à une neutralité climatique aussi vite que possible, d'être à même de respecter les termes de l'accord de Paris et d'accélérer la transition énergétique.

Il serait nécessaire de rapidement mettre l'hydrogène à disposition du marché en tant qu'alternative aux combustibles fossiles pour mener à bien la transition énergétique.

La recommandation souligne en outre que le Benelux a l'intention de promouvoir l'hydrogène renouvelable. Seul l'hydrogène produit à partir de l'énergie éolienne, solaire ou par la biomasse permettra d'atteindre les objectifs de décarbonation de l'économie.

Pour ce qui est du transport de l'hydrogène, le Benelux peut miser sur les infrastructures existantes, telles que les milliers de kilomètres de gazoducs ainsi que ses possibilités de stockage.


En augmentant la part de l'hydrogène dans différents secteurs tels que ceux de l'industrie, du transport aérien et maritime ainsi que dans le secteur du transport des marchandises par route ou par voie ferroviaire, en mettant en place les premières routes maritimes in-



**(de gauche à droite) M. Gusty Graas, Vice-Président du Parlement Benelux, Mme Lydia Mutsch, M. Jeff Engelen, Mme Cécile Hemmen, Présidente de la délégation luxembourgeoise, Mme Diane Adehm et M. Alain De Muyser, Secrétaire général de l'Union Benelux**

ternationales du commerce de l'hydrogène, le Benelux pourra s'établir comme un précurseur dans l'économie de l'hydrogène, a conclu le rapporteur.

## Le Président de la Chambre des Députés a reçu...



... S. E. M. Bård Ivar Svendsen, Ambassadeur du Royaume de Norvège



... S. E. M. Luvsanvandan Bold, Ambassadeur de Mongolie



... S. E. M. Khalid Fahad A.A. Al-Hajri, Ambassadeur de l'État du Qatar





## Remise de décorations honorifiques

À l'occasion de la fête nationale, M. le Premier Ministre Xavier Bettel a remis les distinctions honorifiques suivantes à des membres de la Chambre des Députés et de l'Administration parlementaire :

**Officier de l'Ordre de la Couronne de Chêne** : M. Claude Lamberty, député (2<sup>e</sup> à gauche), Mme Josée Lorsché, députée (au milieu), M. René Schlechter, ancien Président de l'Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand (1<sup>er</sup> à gauche), M. Serge Wilmes, député (4<sup>e</sup> à droite)

**Chevalier de l'Ordre de la Couronne de Chêne** : Mme Gény Arend, inspecteur (3<sup>e</sup> à droite), Mme Lisi Haas, conseiller (3<sup>e</sup> à gauche)

**Médaille en vermeil de l'Ordre de la Couronne de Chêne** : M. Marc Baulesch, huissier dirigeant (4<sup>e</sup> à gauche)

**Commandeur de l'Ordre de Mérite** : M. Guy Arendt, député (1<sup>er</sup> à droite)

© Ministère d'État

NOUVELLES LOIS

### Modification du statut général des fonctionnaires de l'État

7525 - Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

2° de la loi du 15 décembre 2019 portant modification

1° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

2° de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique ;

3° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

4° de la loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État ;

5° de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;

6° de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale

Le présent projet de loi vise à éliminer quelques incohérences constatées dans le cadre de l'exécution de la loi du 15 décembre 2019 relative à la réforme du stage dans la fonction publique. De surcroît, le projet tâche à rectifier un oubli constaté au niveau de la disposition légale relative à l'allocation de repas. Finalement, le projet de loi complète les conditions de la majoration d'échelon pour certaines fonctions classées aux sous-groupes à attributions particulières et clarifie l'attribution du cinquième échelon pour les agents du groupe de traitement D1.

Vote en séance publique : 11.11.2021

Loi du 29 novembre 2021

Mémorial A : 2021, n° 836, page 1

### Comité permanent du travail et de l'emploi

7772 - Projet de loi portant modification des articles L. 651-2 et L. 651-4 du Code du travail

Le présent projet de loi vise à modifier les articles L. 651-2 et L. 651-4 du Code du travail qui ont trait à la composition et au fonctionnement du Comité permanent du travail et de l'emploi.

Les modifications proposées tendent à rendre plus flexible la composition du Comité permanent du travail et de l'emploi en ce qui concerne les membres représentant le Gouvernement en permettant à celui-ci de désigner sa délégation en fonction des sujets figurant à l'ordre du jour de chaque réunion du Comité permanent du travail et de l'emploi et à préciser que l'ordre du jour des réunions du Comité permanent du travail et de l'emploi est fixé par le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire en sa qualité de Président.

Dépôt par M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 24.02.2021

Rapporteur : M. Georges Engel

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

(Président : M. Dan Kersch) :

30.09.2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

28.10.2021 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 11.11.2021

Loi du 24 novembre 2021

Mémorial A : 2021, n° 822, page 1

### Participation de la République croate à l'EEE

7773 - Projet de loi portant approbation de l'Accord relatif à la participation de la République de Croatie à l'Espace économique européen, fait à Bruxelles, le 11 avril 2014

Le projet de loi sous rubrique vise à faire approuver par la Chambre des Députés l'Accord relatif à la participation de la République de Croatie à l'Espace économique européen, fait à Bruxelles, le 11 avril 2014. Cette démarche viendra parfaire l'intégration de la Croatie dans le marché unique européen qui est accessible à tous les membres de l'Union européenne (UE) et des États non-membres participant dans l'EEE. Ayant rejoint l'UE depuis le 1<sup>er</sup> janvier 2013, la Croatie est le dernier pays à avoir demandé la participation à l'EEE.

La Commission européenne a négocié, au nom de l'UE et de ses États membres, avec l'Islande, la Principauté de Liechtenstein et le Royaume de Norvège l'Accord relatif à la participation de la République de Croatie à l'Espace économique européen. Cet Accord a été signé à Bruxelles, le 11 avril 2014.

Le paquet législatif, appelé encore Acte final, portant élargissement de l'EEE est composé par :

- l'Accord relatif à la participation de la République de Croatie à l'Espace économique européen et ses annexes A et B (qui en font partie intégrante) ;

- six déclarations communes annexées à l'Acte final et adoptées par les Parties contractantes actuelles et futures et une déclaration commune générale des États membres de l'AELE.

En outre, il convient de rappeler que sont annexés à l'Acte final trois protocoles additionnels, dont deux avec la Norvège et un avec l'Islande, dont les Parties contractantes ont pris note, à savoir :

a) un protocole additionnel à l'accord entre le Royaume de Norvège et l'Union européenne concernant un mécanisme financier norvégien pour la période 2009-2014 consécutif à la participation de la République de Croatie à l'Espace économique européen ;

b) un protocole additionnel à l'accord entre la Communauté économique européenne et l'Islande consécutif à l'adhésion de la République de Croatie à l'Union européenne ; et

c) un protocole additionnel à l'accord entre la Communauté économique européenne et le Royaume de Norvège consécutif à l'adhésion de la République de Croatie à l'Union européenne.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 26.02.2021

Rapporteur : M. Yves Cruchten

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

(Président : M. Yves Cruchten) :

31.05.2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

05.07.2021 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 10.11.2021

Loi du 3 décembre 2021

Mémorial A : 2021, n° 839, page 1

### Modifications du droit du travail

7858 - Projet de loi portant :

1° dérogation temporaire à l'article L. 511-5 du Code du travail ;

2° modification du Code du travail

Le présent projet de loi vise à déroger temporairement à l'article L. 511-5 du Code du travail et à modifier les articles L. 511-5, L. 511-10 et L. 513-3 du code précité.

Afin de soutenir les entreprises dans leur sortie de la crise sanitaire due à la pandémie du Covid-19 et vu que la crise sanitaire a accéléré les processus de restructurations profondes ayant des répercussions au niveau de l'emploi, la dérogation temporaire à l'article L. 511-5 du Code du travail vise à augmenter pour l'année 2021 le nombre d'heures de travail pouvant être réduites dans le cadre du chômage partiel de source structurelle dans le cadre d'un plan de maintien dans l'emploi de 1.022 à 1.714 heures. Cette mesure s'applique de manière rétroactive au 1<sup>er</sup> janvier 2021 et va jusqu'au 31 décembre 2021.

En outre, le présent projet de loi introduit des modifications définitives dans le Code du travail.

Dans le contexte des restructurations fondamentales accompagnées par des périodes plus ou moins longues de chômage partiel structurel, le présent projet de loi, par la modification à l'article L. 511-5 du Code du travail, vise à augmenter de manière définitive le nombre d'heures éligibles au chômage partiel à un maximum de 1.714 heures par année de calendrier et par salarié travaillant à temps plein, à condition que les entreprises soient couvertes par un plan de maintien dans l'emploi accompagnant une restructuration fondamentale, résultant d'un accord tripartite sectoriel et homologué.

Ensuite, le présent projet de loi prévoit de modifier l'article L. 511-10 du Code du travail afin de compléter la condition d'éligibilité d'un salarié au bénéfice du chômage partiel relative à son occupation légale auprès d'une entreprise légalement établie au Luxembourg par la précision que le salarié ne doit pas être en situation de préavis résultant de l'initiative de l'employeur. Par contre, les salariés qui démissionnent pendant une période de chômage partiel sont éligibles dans le cadre des décomptes mensuels. Les entreprises, qui incluent des accompagnements personnels dans le cadre de transitions de carrières dans leur plan de maintien dans l'emploi peuvent recourir, le cas échéant, aux programmes spécifiques de l'ADEM en la matière.

Finalement, le présent projet de loi vise à modifier l'article L. 513-3 du Code du travail afin de déterminer certaines dispositions qui doivent obligatoirement figurer dans le plan de maintien dans l'emploi pour que celui-ci puisse être homologué.

Dépôt par M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 09.07.2021

Rapporteur : M. Georges Engel

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

(Président : M. Dan Kersch) :

30.09.2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

28.10.2021 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 11.11.2021

Loi du 24 novembre 2021

Mémorial A : 2021, n° 823, page 1

### Open Data

7643 - Projet de loi sur les données ouvertes et la réutilisation des informations du secteur public

Le présent projet de loi vise à transposer en droit luxembourgeois la directive (UE) 2019/1024 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 concernant les données ouvertes et la réutilisation des informations du secteur public, directive qui définit le cadre minimal pour les données ouvertes dans l'Union européenne.

L'objectif du présent texte est de faciliter et d'encourager la réutilisation de données ouvertes, qui représentent une ressource importante pour la création de produits et de services innovateurs et pour le développement de nouvelles technologies.

Dépôt par M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias, le 31.07.2020

Rapporteur : M. Guy Arendt

Travaux de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

(Président : M. Guy Arendt) :

15.09.2020 Présentation du projet de loi

18.06.2021 Désignation d'un rapporteur

Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'amendements parlementaires

26.10.2021 Présentation et adoption d'un projet de rapport



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Dépôt de deux motions par M. Jeff Engelen

- Exposé : M. Jeff Engelen

3. Débat sur la politique européenne et étrangère

- Débat : M. Claude Wiseler (dépôt de la motion 1) - M. Gusty Graas (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. le Ministre Jean Asselborn) - M. Yves Cruchten (dépôt des motions 2 et 3) - Mme Stéphanie Empain (interventions de M. Roy Reding, M. Fernand Kartheiser, M. Dan Biancalana et M. Georges Engel) - M. Fernand Kartheiser (Interventions de Mme Stéphanie Empain) (dépôt des motions 4 et 5) - Mme Nathalie Oberweis - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes (interventions de M. Sven Clement) - M. Sven Clement (parole après ministre) - M. le Ministre Jean Asselborn - Mme Nathalie Oberweis (parole après ministre) - M. le Ministre Jean Asselborn - Mme Viviane Reding

(parole après ministre) - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) - M. le Ministre Jean Asselborn

- Motions 1 et 5 : M. Yves Cruchten - M. Fernand Kartheiser

- Retrait de la motion 5

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

- Motion 2 : M. Fernand Kartheiser - Mme Nathalie Oberweis - M. Sven Clement - Mme Stéphanie Empain - M. Yves Cruchten - M. Sven Clement - M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur la motion 2 (adoptée)

- Motion 3 : Mme Nathalie Oberweis - M. Yves Cruchten

- Vote sur la motion 3 (adoptée)

- Motion 4 : M. Yves Cruchten - M. Claude Wiseler - M. Fernand Kartheiser - M. Yves Cruchten - M. Sven Clement - M. Fernand Kartheiser - M. Claude Wiseler - M. Yves Cruchten

- Vote sur la motion 4 (rejetée)

4. 7773 - Projet de loi portant approbation de l'Accord relatif à la participation de la République de Croatie à l'Espace économique européen, fait à Bruxelles, le 11 avril 2014

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile : M. Yves Cruchten

- Discussion générale : M. Laurent Mosar - M. Gusty Graas - Mme Stéphanie Empain - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement (intervention de Mme Josée Lorsché)

- Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

5. Question élargie n° 116 de Mme Viviane Reding au sujet du statut de siège européen du Luxembourg

- Mme Viviane Reding - M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Au banc du Gouvernement se trouve : M. Jean Asselborn, Ministre.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Nee, ech mengen ..., dat ass net de Fall.

(Hilarité)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Ausseminister.

2. Dépôt de deux motions par M. Jeff Engelen

ler mer zum eigentlechen Ordre du jour vun haut kommen, wëll ech d'Wuert un den honorabelen Här Jeff Engelen gi fir den Depot vun zwou Motiounen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Zwee Engelen.

(Hilarité)

*Exposé*

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*), *auteur*.- Merci, Här Président. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, a leschter Zäit heefe sech d'Fäll vu Leit, déi net verstinn, fir wat datt si mat 75 Joer hire Förserschäin an der Kategorie C an D net méi verlängert kréien. Laut aktueller Gesetzgebung däerf een nom Erreeche vum Alter vu 75 Joer kee Camion a kee Bus méi op der ëffentlecher Strooss beweegen.

Déi entspriechend Förserschäiner an de Kategorien C an D verléieren op deem Stéchdag hir Gëltegheet, egal wéi fit a gesond een nach ass.

Et gouf sech ëmmer hanner europäesche Reegele verstoppt, mee och hei huet sech erausgestallt, datt deem net esou ass. Zum Beispill an Däitschland an a Frankräich, eisen direkten Nopeschlänner, däerf een ab deem Alter ouni Problem nach säi Förserschäin an dese Kategorie verlängeren. Dëst ass zum Beispill hei am Land net nëmmen en Nodeel fir déi, déi e Campingcar hunn, an dat sinn der jo bekanntlech eng ganz Rëtsch, deen awer dann iwwer 3,5 Tonnen weht, mee dëst betrëfft och Leit, déi zum Beispill Sammler vun historesche Gefierer sinn. Zum Beispill kënnen si dann net méi u Kommemoratiounsveranstaltungen deelhuefen a sou weider.

Et muss een och feststellen, datt vill Leit och an deem Alter nach fit sinn, fir esou Gefierer op der Strooss ze beweegen.

Zu dëser Problematik goufen zwou QPen (ndlr: Question-parlementairen) gestallt. Eng vu mengem Kolleeg, dem Här Roy Reding, an eng vum Här Michel Wolter.

Bei der Äntwert vun der QP vum Här Roy Reding hat den Här Minister duerchblécke gelooss, dank och dem medezinnesche Fortschrëtt, bei der nächster Ännerung vum Code de la route géif hie proposéieren, fir dës Altersgrenz opzehiewen, soudatt, esou laang wéi de Gesondheitszoustand vun där betraffener Persoun et zouléisst, d'Förserschäiner vun de Kategorien C an D kënnen verlängert ginn. Mee bei dëser Äntwert hat den Här Minister den Zäitpunkt, weini hien dëst wëilt aféieren, net definéiert.

Mir sinn awer der Meenung, datt dës Altersdiskriminatioun soll bis Enn vun dësem Joer gestrach ginn, well och mëttlerweil eenzel Leit heivunner betraff sinn. A mir sinn der Meenung, datt dës Bestëmmung och misst retroaktiv gëlle fir déi Leit, déi elo well dese Förserschäin aus Altersgrënn net méi verlängert kruten.

Ech géif dann elo zum Depot komme vun där éischter Motioun. Wannechgelift, Här President.

*Motion*

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

- *d'Altersdiskriminéierung am Code de la route, wat d'Netverlängerung vun de Camionsförserschäiner ugeet, nach ëmmer Bestand huet;*

- *de Minister fir Mobilitéit versprach huet, dëst „bei der nächster Ännerung vum Code de la route“ (Äntwert op d'parlamentaresch Froen Nr. 4657 a 4770 vun den honorabelen Deputéierte Roy Reding a Michel Wolter) ze behiewen;*

- *de Krees vun de Betraffenen net just Camionschaufferen a Leit mat Mobilhomë sinn, mee och Sammler vun historesche Gefierer ëmfaasst, déi mat hire Gefierer och u kulturelle Kommemoratiounsveranstaltungen wëllen deelhuefen,*

*ass sech bewosst, datt*

- *déi an Aussiicht gestallten Ännerung am Code de la route den Ablack zäitlech net definéiert ass,*

*fuerdert d'Regierung op,*

- *all Dispositiounen ze huelen, fir datt all Forme vun Altersdiskriminatioun bis Enn des Joers aus dem Code de la route gestrach ginn.*

(s.) Jeff Engelen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Engelen.

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*), *auteur*.- Mir hunn och festgestallt, datt a verschiddene Länner vun der Europäescher Unioun de grénge Feil, also d'Méiglechkeet trotz Rouder Luucht ënner verschiddene Bedéngungen no riets oder och, deemno wéi d'Kräizung ass, no lénks kënnen ofzebéien, an ënnerschiddlecher Form a bei ënnerschiddlecher Gesetzslag besteet, sou beispillsweis an Däitschland, Polen, Frankräich, Rumänien, Tschechien an Éisträich. Mir hunn och festgestallt, datt vill Kräizunge sech fir eng separat Rietsofbéireeglung ganz gut eegene géifen. D'Aféierung vum grénge Feil zu Lëtzebuerg kéint vill Virdeeler fir de Stroosseverkéier mat sech bréngen: Den Autofuerer géif Zäit gewannen. Et wär manner Kaméidi. De Brennstoffverbrauch wär manner héich an doduerjer géif et och manner CO<sub>2</sub>-Ausstouss ginn. De Risiko vun engem Stau kéint och deels esou reduzéiert ginn.

Den Autofuerer däerf sech nëmmen an déi Richtung vum Feil beweegen, déi uginn ass, nodeems hie sech vergewëssert huet, datt et sécher ass, datt näischt vun där anerer Säit kënnt an d'Kräizung fräi ass. De blënkende grénge Feil kann nëmmen an den Asaz kommen, wann et rout ass. D'Aféierung vum grénge Feil stellt, am Géigesaz zu anere Verkéiersreegelungen, e gerénge finanziellen Opwand duer.

Mir sinn ons bewosst, datt en erhéichten Accidentsrisiko duerch d'Aféiere vum grénge Feil net besteet, well den Autofuerer verschidde Reegelen anhale muss, fir kënnen trotz Rouder Luucht no riets oder, jee nodeem wéi d'Kräizung ass, no lénks ofzebéien. Hie muss de Quer- an de Géigeverkéier iwwerpräiwen an allen anere Verkéiersacteuren de Virrang iwwerloossen, ier hien no lénks oder no riets ofbéit. Duerch d'Aféierung vum grénge Feil gëtt de Kollisiounsrisiko esouguer reduzéiert, well et doduerjer net zu engem Réckstau kënnt.

Allerdéngs sollten op Kräizungen, déi un engem Schoulwee leien, keng gréng Feiler installéiert ginn, well hei, obschonns de Chauffeur op Foussgänger oppasse muss, de Risiko besteet, datt hien een oder méi Schüler, déi sech net un d'Verkéiersreegelen halen, méiglecherweis iwwersäit an et esou zu engem Accident komme kann. Och bei kräizendem Zuchverkéier kann d'Opstelle vun engem grénge Feil e Risiko mat sech bréngen.

Mir sinn der Meenung, datt een de grénge Feil hei am Land an de Code de la route ophuele sollt, dofir leeën ech hei eng Gesetzespropositioun elo vir, fir

eng deementspriechend Ännerung vum Règlement grand-ducal. An domadder géif ech dann och dës Motioun deponéiere mam Règlement, wéi mir e vrschloen.

Merci, fir Är Opmierksamkeet.

*Motion*

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

- *a verschiddene Länner vun der Europäescher Unioun de grénge Feil, also d'Méiglechkeet, trotz Rouder Luucht ënner verschiddene Bedéngungen no riets (oder no lénks) kënnen ofzebéien, an ënnerschiddlecher Form a bei ënnerschiddlecher Gesetzslag besteet, sou beispillsweis an Däitschland, Polen, Frankräich, Rumänien, Tschechien an Éisträich;*

- *sech vill Kräizunge fir eng separat Rietsofbéireeglung eegne géifen;*

- *d'Aféierung vum grénge Feil zu Lëtzebuerg vill Virdeeler fir de Stroosseverkéier mat sech brénge géif: D'Autofuerer géifen Zäit gewannen, et wär manner Kaméidi, de Brennstoffverbrauch wär manner héich an doduerch géif et manner CO<sub>2</sub>-Ausstouss, de Risiko fir e Stau kéint reduzéiert ginn an esou weider.*

- *d'Aféierung vum grénge Feil am Géigesaz zu anere Verkéiersreegelungen ee gerénge finanziellen Opwand duerstellt,*

*ass sech bewosst, datt*

- *een erhéichten Accidentrisiko duerch d'Aféiere vum grénge Feil net besteet, well den Autofuerer verschidde Reegelen anhale muss, fir kënnen trotz Rouder Luucht no riets ofzebéien: Hie muss de Quer- a Géigeverkéier iwwerpräiwen an allen anere Verkéiersacteuren de Virrang iwwerloossen, ier hien no riets (oder lénks) ofbéie kann;*

- *duerch d'Aféierung vum grénge Feil de Kollisiounsrisiko souguer reduzéiert kéint ginn, well et doduerch net zu Réckstau kënnt;*

- *u Kräizungen, déi un engem Schoulwee leien, keng gréng Feiler installéiert sollte ginn, well hei, obschonns de Chauffeur op Foussgänger oppasse muss, de Risiko besteet, datt hien een oder méi Schüler, déi sech net un d'Verkéiersreegelen halen, méiglecherweis iwwersäit an et esou zu engem Accident komme kann;*

- *och bei kräizendem Zuchverkéier d'Opstelle vun engem grénge Feil Risiko mat sech brénge kann,*

*fuerdert d'Regierung op,*

- *de grénge Feil hei am Land an de „Code de la route“ opzehuelen.*

(s.) Jeff Engelen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Engelen. Da kënnen mer elo zum Ordre du jour vun haut de Mëtteg kommen.

3. Débat sur la politique européenne et étrangère

Haut de Mëtteg féiert d'Chamber d'Debatt iwwert d'Aussen- an Europapolitik. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, den Här Gusty Graas, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Sven Clement. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler ageschriwwen.

*Débat*

■ **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Villmools merci, Här President. Den Ausseminister huet gëschter den

Tour ronderëm d'Welt gemaach. Dat war ganz interessant, awer elo näischt Neies. Dee leschten Tour ronderëm d'Welt war scho relativ änlech, d'lescht Joer. Ech hunn och gären nogelauschtert. Ech hunn awer net ëmmer aus deem, wat gesot ginn ass, gelies, wat d'Kohärenz vun der Lëtzebuerger Aussepolitik wär. Wat wëlle mer? Wat sinn eis aussepolitisch Ziler? Wouhinner gi mer? Wellech Instruktiounen hunn eis Diplomaten, wa se Politik maachen oder ëmsetzen?

Et huet mech erënnert un en Artikel, deen 2015 am „Forum“ war, fir meng Quelle ganz kloer unzeginn, wou de Jean Asselborn beschriwwen ginn ass, andeem gesot ginn ass: „Zwar ass den Här Asselborn bei alle Krisen an allen Interviewen e wëllkommene Gaascht, awer wat seng Diplomaten eigentlech erreeche wëllen, bleibt onkloer.“ Enn Zitat. Oder anescht ausgedréckt: Jiddweree kennt de Jean Asselborn, mee kee kennt d'Leitlinne vu senger Politik.

Am Regierungsprogramm steet, a mir hunn dat och d'lescht Joer an d'virlescht Joer hei an der Chamber gefrot, datt mer gär hätten. Eng Definitiou, wat dann d'Zilsetzunge vun eiser Aussepolitik sinn, wat mer da wëllen an eisem diplomatesche Réseau erreechen. Mir kruten et versprach. Et ass versprach ginn an der Regierungserklärung. Bis elo hu mer awer nach näischt kritt, keng Linnen, déi an der Aussepolitik duerchgesat ginn an deene leschte Joren an an deenen nächste Joren.

An anere Länner ass dat de Fall. Do ginn d'Prinzippe vun der Aussepolitik duerchdiskutéiert. Do gi se néiergeschriwwen. Do kënnen se nogelies ginn. Do weess een, wou ee sech an der Aussepolitik drun ze halen huet. An ech hunn och gëschter den Här Asselborn héieren, iwwert d'Boussole stratégique vun der Union européenne schwätzen, déi och an der Elaboratioun momentan ass an iwwert déi e gesot huet, datt et wichteg ass, datt se géif kommen. A mir ënnerstëtzten en doran. Jo, et ass natierlech wichteg, datt eng Boussole stratégique an der Europäescher Unioun soll kommen, fir eis europäesch Aussepolitik besser ze begleeten. Mir soen awer genau dat selwecht hei fir Lëtzebuerg. Mir brauche se och zu Lëtzebuerg, fir eis Zilsetzungen, mee net nëmmen eis Zilsetzungen, och eis Methoden ze definéieren a fir och kloerzestellen, wat dann den aussepolitische Konsens an der Regierung ass.

An et wär och absolutt néideg, well déi Zäit, déi den Här Asselborn elo Ausseminister ass, dat ass schonn eng laang Zäit. An an där Zäit huet d'Welt vill geännert. Déi politesch Gewiichtunge sinn anescht ginn. Konflikter sinn dobäikomm, anerer hunn opgehalen. D'Allianzen an d'Rivalitéiten hu sech och deelweis geännert. Et ass eng aner Welt, déi 2004 war, wéi déi, déi elo ass.

A mir sti souwisou säit enger ganzer Rei Jore bei engem Paradigmewiessel. An e puer Wieder vläicht doriwwer. De Paradigmewiessel, deen net méi déi Welt ass, wéi mer se 1989 nom Mauerfall kannt hunn, wéi jiddweree gemengt huet, den demokratesche Modell wär de Gewinnermodell a mir hätten eis duerchgesat, mir géifen dee Modell kënnen weltwäit imposéieren, dat, wat d'Moral, wat d'Fräiheet, wat d'Mënscherechter, wat Fridden ass, ronderëm d'Welt imposéieren, an d'USA an Europa hätten dem eng geopolitisch Stabilitéit erreecht.

Haut si mer an enger total anerer Welt, an enger radikal anerer Welt. Et ass eng Beweegung, déi a mengen Aen 2014 ugefaangen huet, wéi d'Annexion vun der Krim geschitt ass mat militärescher Force. Hei huet sech gewisen, datt d'Politik net méi mat Diplomatie geschafft huet, net méi d'Integritéit vun de Staate respektéiert huet, mee mat Waffen a





Gewalt och um europäesche Kontinent ëmgesat gouf. Dat war méiglech. Mir hunn nogekuckt, mir hunn et och akzeptéiert. Mir hate par ailleurs och keen anere Choix. Mee dat huet awer an der Psychologie vun der Aussepolitik bal alles ëmgeännert, well d'Diplomatie, déi ass duerch d'Force a verschiddene Punkten ersat ginn, an d'Force gëtt erëm méiglech, wat an deene Jore virdrun net esou gesi ginn ass.

Den zweete Punkt, dee geännert huet, dat war de President Trump a säin amerikaneschen Isolatonismus, deen en duerchgesat huet. Mee och, an ech soen dat hannendrun, déi Politik, déi säin Nofolger, den Joe Biden, deklaréiert huet, eng Politik, wou en no dem Afghanistan-Réckzuch gesot huet, datt en ëmmer nëmmen do Interventiounen géif maachen, wou amerikanesch Interessen a Gefor wären, datt d'Interventiounen nëmme géifen am Interêt vun den USA gemaach ginn. Mir kënnen also, an dat ass och eng nei Donnée, manner op d'Vereenegt Staaten zielen.

En drëtten Punkt, dat ass, datt China säit Joren, säit zéng Joer méi a méi zur Weltmuecht eropstieft. De Xi Jinping als President mécht et anescht wéi seng Virgänger Hu Jintao an de Jiang Zemin. Hien ass e President, dee militäresch, ekonomesch a mat Strategien, déi net ëmmer fair sinn, seng Plaz, d'Plaz vu China an d'Influenz vu China an der Welt weiderdreift.

Dee véierte Punkt, dat ass Russland, déi mat deene Moyenen, déi hir sinn, militäresch, ekonomesch, de russeschen Nationalismus iwwerall do weiderbréngen, wou et nëmme méiglech ass. An déi Zäit vun der Annäherung, déi ass eriwwer. Russland schreift sech an deene leschte Joren an der Oppositioun mat der EU.

An dann dee fënnefte Punkt, deen anescht ginn ass, dat ass d'Schwächt vun der Europäescher Unioun, deen ech extreem regrettéieren, mee deen ech awer, wann ech Realpolitik wëll maachen, muss feststellen.

Bei eis intern ass d'Demokratie an d'Rechtsstaatlechkeet och an eenzelne Länner a Fro gestallt. A wann ech dann héieren, deen een oder deen aneren an Ungarn oder Polen iwwert déi liberal Demokratie schwätzen, fir dann ze soen: „Mee et gëtt och aner Demokratie wéi déi liberal Demokratien“, da muss ech soen, datt ass fir mech e Wuertgebrauch, deen ech am Fong vum Prinzip total inakzeptabel fannen! Eng Demokratie ass liberal oder eng Demokratie ass keng Demokratie. An domat fäerdeg!

Et kann een net déi eng Demokratien ... An déi aner Demokratien, wou Mënscherechter, Pressefräiheet a Recherchepräiheet a wou och nach ëmmer Justizfräiheet net existéiert, kann een net als Demokratie bezeichnen, well dat ass den Inhalt vun deem, wat eng Demokratie bedeit, wou rechtsorientéiert Parteien och an Europa, déi Anti-EU-Politike maachen, ëmmer méi staark ginn, och bei eisen Nopeschlänner an Däitschland, Frankräich oder nach Italien, wou d'Verteidigungsstrukturen a Fro gestallt ginn, wann ech notament gesinn, datt an där leschter Zäit och Konflikter zwëschen NATO-Membere wéi der Türkei a Griicheland waren.

D'Konklusioun dovunner, dat ass, datt d'Gewiichter sech verréckelt hunn, datt Europa net den Zentrum vun der Welt ass, datt Europa och zu engem Deel kee Modell méi ass. An do, wou mer hëllefen, zum Beispill an Afrika, si ganz oft déi Länner, deene mer hëllefen, déi och ëmmer méi ufänken, nach op aner Länner als Modellänner hinzekucke respektiv Länner wéi China, wat dat konsequent ausnotzt, op eng interesséiert Aart a Weis ze kucken, respektiv och wéi d'Türkei a Russland. Et geet net duer, am Ausland mat gudden Intentionen e Wee wëllen ze weisen, deen déi wéinegst nach wëllen oder nach kënnen matgoen. Dat veriergert dobaussen heiansdo méi, wéi et bréngt, a mir gi ganz oft net seriö geholl.

D'Madamm von der Leyen huet, wéi se ugefaangen huet, eng geostrategiegesch Kommissioun versprach. Ech hunn dat fundamental richteg fonnt an ech fannen dat nach ëmmer. Dat heescht, datt mer als Europäer eis Stärkte benotzen, ekonomesch, kulturell Stärkten, och militäresch Stärkten, fir eis Interêten, fir eis Sécherheet, fir eis Iddien, fir eis Wäerter, fir eis Zukunft ofzesécheren an duerchsetzen.

Et muss een awer leider feststellen, datt mer net richteg weiderkommen, well mer eis net eens sinn an Europa, well mer och keng richteg Aussepolitik hunn, keng gemeinsam Aussepolitik hunn. An ech soen hei ganz kloer: Ech fannen dat e richtegt Drama, datt Europa et net fäerdegbréngt, eng uerdentlech a gemeinsam Aussepolitik ze hunn, déi awer absolutt noutwendeg wär. Dofir soen ech nach eng kéier ganz kloer, datt mer net der Meinung sinn, datt déi Unanimitéitsregel an der Aussepolitik an Europa kann an Zukunft weider bestoen. Wa mer wëllen eis Influenz an der Welt no baussen ëmsetzen, da brauche mer eng Aussepolitik, déi effikass ass. Esou wéi se elo organisiert ass, funktionéiert dat Fest net.

Ech stellen och fest, datt déi fënnef lescht Krisen, déi mer hei an Europa kannt hunn, am Fong ëmmer déi selwecht Originn haten. D'Afghanistan-Kris zum Beispill huet eis awer an enger Däitlechkeet wéi kaum virdrun déi militäresch Incapacitéit gewisen, an där mer als Europäer eleng dru sinn. Mir waren net kapabel, souguer d'Evakuatioun vu Kabul esou ze organiséieren, datt se kohärent konnt oflafen - an et huet knapps oder nëmmen hallefweegs funktionéiert, well d'Amerikaner et gemaach hunn -, geschweig dann eis Capacitéiten, fir eis Presenz am Afghanistan, wann dat da gewënscht gewiescht wär, hätte kënnen méi grouss ze maachen. Déi ass gefrot ginn. D'Europäer hu se refuséiert aus verständleche Grënn. Mee hätte mer se gewollt, wäremerscheinlech net kapabel gewiescht, et ze maachen.

Mir hunn an der Afghanistan-Kris ganz kloer gesinn, datt Europa notament um militäresche Plang absolutt net autonom ass, an dee Mangel un Autonomie schafft eis an der Welt extreem Problemer.

An der Flüchtlingskris ass et d'selwecht. Déi quasi Incapacitéit, déi mer entwéckelt hunn, fir déi Flüchtlingskris intern ze bewältegen. An d'EU-Aussepolitik war net kapabel, leider net kapabel, och wann den Ausseminister sech dofir agesat huet, fir déi richteg Decisiounen an der Flüchtlingskris gemeinsam ze huelen. A se huet eis domat an eng Dependenz vun Accorde mat anere Länner, notament der Türkei, gedriwwen. Och dat ass e Mangel un Autonomie, dee mer momentan hunn an deen eis verbitt a sech oder empëchéiert, déi richteg Decisiounen als Kontinent ze huelen.

Eng aner Kris, déi mer kannt hunn, dat ass d'Covidkris. Mir hunn zwar vill fäerdegbruecht, an den Här Asselborn huet dat richteg beschriwwen gëschter a senger Ried. Mir hu vill fäerdegbruecht an der Covidkris. Mir hunn och Recherche gemaach. Mir hunn e QR-Code entwéckelt, deen eis hëlleft, vu Land zu Land eis méi fräi ze beweegen, dee sech och an anere Länner imposéiert huet. Mee et huet eis awer am Ufank och gewisen, wéi dependent mer awer waren, wéi eng Kris ausgebrach ass, vu Material, wat mer net méi selwer hei an Europa produzéiert hunn, wat mer hu missen erbäikomme loossen, op heiansdo ganz besonnesch Aart a Weisen, wat mer am Ufank gebraucht hunn, net nëmme Material wéi Masken, Handschen, déi Uniformen, déi do gebraucht gi sinn, mee awer och duerno Material, fir pharmazeutesch Produkter hierzustellen, d'Basis an d'Grundmaterial, fir esou Produkter hierzustellen. Dat huet eis gewisen, datt mer och do net autonom sinn, mee an enger totaler Dependenz liewen, wat fir mech e Riseproblem ass, wa mer et laangfristeg a wa mer et strategesch als Europäer denken.

Dat selwecht ass déi Energiekris, an där mer eis haut befannen, an duerno gëtt nach eng Diskussioun doriwwer gefouert. Och do si mer an enger absolutter Dependenz vun arabesche Länner, vu Russland, wat ech och en Drama fanne fir Europa, well et eis der totaler Erpressung aussetzt. Wann eng Krisesituatioun kënnt, si mer an energieetesche Froen erpressbar, well mer wäit ewech vun der Autonomie sinn. An ech soen: Niewent dem Klimaschutz ass fir mech ee Grond, fir déi alternativ Energien an de Waasserstoff ze férdere, selbstverständlich och déi energieetesche oder déi deelweis energieetesche Independenz, déi se eis ka bréngen. Oder op jidde Fall déi manner Dependenz, déi se eis ka bréngen. Ech sinn d'accord, datt de Klimaschutz deen éischte Grond ass. Mee deen do ass och net onwichtig, fir kënnen dohinnerzegoen a fir ... An da muss ee sech nach d'Fro stellen, wéi an enger Transitionphaseng Energieversuergung kann an deenen nächste Jore garantéiert ginn.

Dat véiert, dat ass d'Klimakris, déi mer kannt hunn. Och do ass et am Fong dramatesch, datt Europa sech net ëmmer eens ass an datt mer Schwierigkeiten hunn, eng gemeinsam Politik ze fannen an domat, well mer net ëmmer an iwwerall eng gemeinsam Politik fonnt hunn, och déi Leaderroll, déi mer missten awer hei huelen a klimapolitische Froen, méi schwierig ass, wéi et noutwendeg ass.

A schlussendlech déi technesch Dependenz, wou mer dra sinn, ech erënneren un d'Diskussioun iwwert de 5G, wou aus Recherchen, aus Recherche, well se a Kaderen ass, déi ech zwar verstinn, mee déi Problemer mécht, fir an der Recherche esou séier weiderzekommen, wéi aner Länner dat maachen, an domat déi technologesch Autonomie ze kréien, déi mer als Europa brauchen.

Fënnef Krisen, déi allkéiers op dat selwecht zréckzeféieren ..., oder sechs Krisen, déi allkéiers op dat selwecht zréckzeféiere sinn: e Mangel un Autonomie. A wann Europa sech soll a muss eng grouss Zilsetzung ginn, dann ass et, an deene Punkten ze probéieren, méi a méi Autonomie ze kréien oder manner a manner Dependenz an deenen nächste Joren ze kréien. Dat ass fir mech eng absolutt Prioritéit. Net nëmmen am aussepoliteschen, mee allgemeng am politeschen Handeln.

Elo kann ee soen: Wat huet dat do mat den Herausforderungen vun der Aussepolitik ze dinn? Dat ass

keng Aussepolitik! Ech soe just: Dat do ass genau Aussepolitik. Well Aussepolitik net just a sech aus dem Ausseministère besteet, mee aus enger ganzer Regierung. An all eenzelt Departement muss un deenen aussepoliteschen Zilsetzungen deelhuele, déi hei beschriwwen gi sinn. An haut huet een awer d'Impressioun, datt an der Lëtzebuerger Regierung jiddwer Minister säi Match mécht: Den Energieminister, den Ëmweltminister, den Defenseminister, de Kooperationsminister, den Ekonomiesminister, de Finanzminister sinn all an der Aussepolitik ënnerwee, mee ech hunn net d'Impressioun, datt dat kohärent, datt dat zilstreebeg ass an datt dat eng Aussepolitik aus engem Goss ass.

Ech muss soen, wann ech kucken, wéi d'Regierungsbänk gëschter an haut ausgesäit, da soen ech, datt d'Aussepolitik vum Här Asselborn net vill Ënnerstützung vun dëser Regierung kritt huet, zumindest visuell kann een dat hei feststellen. An ech soen lech ...

*(Interruption)*

... Här Asselborn, mat allem Respekt, heiansdo kommt Der mer vir wéi eng Zort Artiste indépandant, dee ka maachen, wat e wëllt, mee dat, wat e mécht, interesséiert awer kaum aner Leit aus dëser Regierung.

Fir eis ass et kloer, datt den Ausseminister misst eng Matrice virleeë vun der Aussepolitik, eng aussepolitesch Strategie virleeën, un déi jiddwer Regierungsmember sech kéint, sech misst halen. An ech soen nach eng kéier dat, wat ech och déi Jore virdrun gesot hunn: Fir déi Ressourcen an der Aussepolitik esou ze bündelen, datt mer nach méi effikass kënnen ginn, si mer wierklech der Meinung, datt eis aussepolitesch Representatiounen just ee Reseau solle bedeiten. En diplomatesche Reseau an net nach en zousätzlechen ekonomesche Reseau dobäi, mee datt mer déi missten zesummeleeën, fir keng Energievergeudung, keng Geldvergeudung ze maachen. Déi Zesummeschleissung schéngt mir absolutt evident ze sinn. An déi grouss Koordinatioun vun där gesamter Aussepolitik soll am Ausseministère gemaach ginn an net eparpilléiert ginn op verschidde Ministèren.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- De Rôle vum Ausseminister ass net, an all Konflikt säi Pefferkär bäizeleeën, mee de Rôle vum Ausseministère ass a sech, d'Auslandsinteresse vun eise Land ze koordinéieren, fir eng gemeinsam effizient an och op Lëtzebuerg gezielten Aussepolitik ze maachen. Dat feelt haut. An dat wär a mengen Aen déi weesentlech Roll vum Ausseminister.

Elo huet Lëtzebuerg e grouse Succès kannt, Här Ausseminister, an deene leschte Wochen. Mir hu fir d'Joren 2022 bis 2025 e Sëtz am Mënscherechtsrot kritt. An ech felicitéieren dofir der Regierung. Elo musse mer just nach wëssen, wat mer domadder maachen, Här Asselborn. An Dir hutt gëschter véier oder fënnef Zilsetzungen genannt, hannert deene mer och kënnen stoen. Ech wënschen lech och bonne Chance, fir dat an engem Gremium, wou China, Brasilien, Sudan drasetzen, fir dat och do duerchzusetzen. Mee d'Intentioun ass déi richteg. Mee mir mussen eis awer trotzdem als Land - elo sëtze mer an deem Gremium - déi grondleeënd Fro stellen: Sinn d'Mënscherechter, d'Fräiheet, d'Demokratie an d'Rechtsstaatlechkeet e prinzipiellen Deel vun eiser Aussepolitik? Triede mer grondsätzlech dofir an oder nëmmen dann, wa keng wirtschaftlech Interessen am Spill sinn?

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Triede mer konsequent derfir an oder just do, wou mer net riskéieren, eis wéizeden? Déi Fro ass eendeitig ze beantweren. An et kann ee se net ëmgoen, wann een an deem Conseil fir Mënscherechter sëtzt. An d'Äntwert a mengen Aen ass evident a kloer: Selbstverständlich musse mer bedéngungslos eis derfir asetzen, derfir anrieden, an net nëmmen dann, wann et eis arrangéiert. Wann een A gesot huet, fir an dee Conseil ze kommen, muss een och B soen a mat de Konsequenzen dovunner liewen. Dat ass fir mech eng Selbstverständlechkeet. Dat ass fir eis och eng Evidenz. Och an eise eegenen Interêt. Eng aner Haltung géif d'Aktionsfäegkeet vun der Aussepolitik absolutt beschiedegen.

Dat heescht awer och eppes. Dat heescht éischens, datt, wann ee Mënscherechtsverletzungen denoncéiert, een dat ëmmer an iwwerall mécht. Net just bei deene klengen, mat deenen een näischt ze dinn huet, mee dat och mécht an deene Länner, mat deenen ee wëllt a mat deenen ee muss gutt Relatiounen hunn. Net nëmmen am Aserbaidjan an net nëmmen a Syrien, mee och a Russland, China mat den Uiguren, zu Hongkong. A mir wëssen, datt mer dann och Reaktiounen kréien. Mir wëssen, datt China, wann een dat kloer an däitlech seet, och dorop wäert reagéieren. Mir hunn zwee Europadeputéiert, déi sanktionéiert gi sinn. Mir gesinn och an anere Länner, wéi d'Reaktiounen sinn. Wann zum Beispill an den englesche Fussballveräiner oder an den amerikaneschen NBA-Veräiner just

ee Spiller ee Wuert iwwer Uigure seet, da gëtt dee ganze Club vun de chineesesche Fernseerechter gespaart. Do gëtt net gefaxt domadder. Ech fannen, et muss een et awer soen - an däitlech soen. An ech hoffen, datt déi Aussoen, dat Stëmmverhale vun der Lëtzebuerger Regierung an deem Conseil des droits de l'homme och deementspreechend sinn an deenen nächsten dräi Joer.

Zweetens: D'Mënscherechter sinn allgemeng a sinn universell. Et kann een net mat Traditionen, Gewunnechten, Kulturen entschëllegen an ewechkucken iwwer verschidde Saachen. D'Ënnerdréckung vun der Fra, Lapidatiounen, genital Mutilatiounen, forcéiert Mariagë vu Kanner sinn net akzeptabel a kënnen net schéigeschwat ginn duerch gesellschaftlech Traditionen.

■ **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mir wëssen, datt an anere Länner, an notament a China, och aner Konzepter existéieren vu Mënscherechter. China ass fir Mënscherechter a sengen offiziellen Aussoen. Just hir Definitioun vu Mënscherechter ass awer eng aner. Et sinn net d'Mënscherechter vun deem eenzelnen, mee et sinn d'Mënscherechter vun der Communautéit a vun der Gemeinschaft, esou wéi si et beschreiwen. Domat si mer wäit ewech vun der Konzeptioun vun de Mënscherechter, déi sech op eenzel Mënschen applizéieren an déi fir eis awer den Zentrum vun eise Wäerter an eise philosopheschen Denke sinn.

Drëtten Punkt: Wann ee sech fir d'Mënscherechter asetzt, dann ass dat iwwerall. Och wa Regimmen engem kënnen sympathesch sinn, ob dat Venezuela, Kuba oder Nicaragua ass mat engem revolutionäre Romantismus vun deenen 30, 40 Joer virdrun. Och wann do Mënscherechter a Fro gestallt ginn, muss ee se och hei denoncéieren. An ech soen dat och fir mech, well ech e groussen Unhänger vun transatlantesche Relatiounen sinn. Och wann ënner engem Här Trump op der amerikanesch-mexikanescher Grenz Kanner den Elteren ewechgeholl ginn, da muss ee soen, datt dat an der Mënscherechtskonzeptioun, déi een huet, op kee Fall akzeptabel ass. A wann haut och Gesetzer a verschiddenen amerikanesche Bundesstaaten esou geännert ginn, datt se awer demokratesch a Fro stellbar sinn, och dat muss een da kloer an däitlech soen. Och wann een e groussen Unhänger vun transatlantesche Relatiounen ass.

An da muss ee fënneftens, an dat ass mäi leschte Punkt heivunner, och bei sech selwer kucken an Europa, an an Europa och d'Fangeren an d'Wonne leeën, do wou da Wonne sech an deene leschte Jore gewisen hunn: bei Rechtsstaatlechkeetsverletzungen, bei Pressefräiheitsverletzungen, bei independenter Justizverletzung, bei Fräiheet vu Fersuchung, bei Expressionsfräiheitsverletzung. A Polen an an Ungarn ass dat geschitt. Den Artikel 7 ass net fir näischt declenchéiert ginn. An ech sinn 100%eg mat dem Ausseminister d'accord, wann e seet, datt d'Conditionalitéit vun de Finanzen am Kader vum Konjunkturpak muss kënnen ganz kloer och verneent ginn, wann demokratesch Wäerter a Fro gestallt ginn.

Mir si frou, datt d'Lëtzebuerger Regierung hei eng kloer Positioun ergraff huet. Ech wollt dat och eng kéier an aller Däitlechkeet soen.

Eise Sëtz am Conseil des droits de l'homme gëtt eis en anere Statut, Här Minister, eng aner Roll an aner Obligationen. D'Regierung wollt dat, an ech hoffen, datt d'Regierung och déi noutwendeg Konsequenzen an hirem Stëmmverhalen an an hiren Aussoen domadder hält. Dat ass gutt a wichtig, wann dat Bild, wat mer no baussen ofginn, an dësem Fall e kohärent, kredibelt a verlässlecht Bild ass.

Ech kommen op eng Rei Remarque vun eise Relatiounen mat eenzelne Länner, well ech fannen, datt dat och zur ganzer Analys gehéiert vun deem, wéi eis Aussepolitik, déi Lëtzebuerger, mee awer mat där Lëtzebuerger och déi europäesch, soll gestalt ginn.

Eis Relatiounen mat China op där enger Säit: D'EU-Kommissioun consideréiert China als e Partner, e Konkurrent an e systemesche Rival. E Partner mat enger laangzäiteger Strategie. Lëtzebuerg an d'Europäer sinn oft net kapabel, eng laangzäitig Strategie esou ze entwéckelen an esou ëmzesetzen, wéi China dat mat Konsequenz mécht. E Partner, mee och e Konkurrent. E Konkurrent mat net ëmmer faire Methoden, dee mat anere Moyene schafft wéi mir, deen a sech an a deem Sënn der EU Schwierigkeiten mécht, well en den europäesche Firmen op sengem eegene Marché natierlech Schwierigkeiten mécht fir eranzekommen, well e staatleche Betriber Subventiounen gëtt, a well d'Produktioun och net ëmmer ënnert deene Mënscherechtsstandarde gemaach gëtt, wéi se den europäesche Länner géifen entsprechen. E Partner, e Konkurrent, mee awer och e systemesche Rival mat enger anerer Weltuerdnung oder Weltanschauung, wéi mir se kennen.

Mir mussen also an dësem Fall kloer Mënscherechtsverletzungen denoncéieren. Dat ass de Fall





bei den Uiguren, dat ass de Fall zu Hongkong gewiescht. Mir müssen an eiser Politik och ganz gutt am A behalen, wou déi grouss Geforeherde sinn. Dat ass zu Taiwan momentan. An ech sinn do och frou, wann d'Lëtzebuerger Regierung an d'Europäesch Unioun a Saachen Taiwan eng ganz kloer Positioun bezéien. Dat ass awer och am ganze süd-pazifesch Raum, deen haut den diplomateschen Zentrum ginn ass vun dem Weltgeschéie quasisment. Dat ass awer och an esou Initiative wéi der Belt and Road Initiative, déi vun der chinesescher Regierung gestart ginn ass a wou ech et wierklech extreem problematesch fannen, datt d'Lëtzebuerger Regierung an dësem Kontext en MoU ënnerschriwwen huet, dee mer offiziell a sech nach net kruten a wou ech mech awer froen, wéi deen an déi grouss Richtlinn vun der Lëtzebuerger Politik erapass. Ech fannen dat eng extreem Kontradiktioun an deem, wat op där enger Säit gesot gëtt, wat europäesch gesot gëtt, a wat dann an der Praxis vun der Lëtzebuerger Regierung gemaach gëtt.

Et ass och eng Fro vun den Handelsofkommessen, déi a sech mat China verhandelt gi sinn. Ech hunn ..., mir hunn am Prinzip näischt géint esou Handelsofkommessen. Ech fannen au contraire, datt, wann en Handelsofkommess esou verhandelt gëtt, datt et och eisen Entreprisë ka Méiglechkeete ginn, op de Maart ze kommen, a wa mer domat och kënnen erreechen, datt dat de Mënscherechter a China géif Fortschrëttler bréngen, da géif ech et éischter positiv fannen. Mee et ass natierlech, an dat huet den Här Asselborn kloer gesot, onméiglech, an enger Situatioun, wou Sanktiounen géint EU-Parlamentarier ausgesprach ginn, sech hei op de Wee ze Beginn, fir esou en Ofkommess ofzeschléissen. Dat géif ech an dësem Moment absolutt inappropiiert fannen.

Heiheem musse mer an deem Kontext oppassen, datt mer Lëtzebuerger Entrepreneuren net bei Strategiegeschen Akeef verhökereken a verkafen. Ech fannen nach ëmmer de Verkauf vun engem Véierel vun dem Enovos-Betrieb un eng chinesesch Gesellschaft eng absolutt falsch Entscheedung vun der Lëtzebuerger Regierung, déi net an eist Konzept passt an déi ech och als inakzeptabel empfangen. Aner Länner hunn aner Politiken an deem Kader gemaach.

Elo sot Der: „Dat huet näischt mat Aussepolitik ze dinn!“ A genau dat ass falsch! Dat ass déi generell Politik, déi koordinéiert Roll, déi den Ausseminister misst spillen, fir all Departement op déi selwecht Linn ze kréien, an net, datt Dir eppes sot an de Wirtschaftsminister mécht dann eppes anescht.

An da soen ech hannendrun: Mir hunn nach ëmmer keen Text iwwert den Investimentscreening an iwwert de Schutz vu feindlechen Iwwernamen. Dir hutt elo gesot, datt endlech een deposéiert ginn ass. Ech sinn och frou driwwer, datt dat geschitt ass. Ech erënnere just drun, datt ech virun 18 Méint schonn eng Proposition de loi doriwwer gemaach hunn, wou bis elo awer sech nach strictement näischt beweegt huet. Et deet mir leed, datt et esou spéit kënnt, well mir hätten et, wéi d'Beispill Enovos et beweist, scho vill éischter gebraucht. Ech wëll awer just soen: Ech si frou, datt elo endlech e kleng Schrëtt doranner gemaach ginn ass!

Ech wëll hei kloer soen: Ech plädéieren net hei derfir, datt mer an eiser Politik par rapport zu China, weeder Lëtzebuerg nach Europa, den Antagonismus solle spillen, datt mer weeder en Handelskrich sollen declenchéieren, nach datt mer en zousätzleche Kale Krich sollen declenchéieren, op kee Fall! Ech soen, datt mer kee Protektionismus dierfe maachen, mee datt mer awer och keng Naivitéit dierfe spille loosse. Et gëtt Kollaboratiounen, déi natierlech sënnavoll sinn, déi industriell Sënn maachen. Et gëtt awer och Kollaboratiounen, déi vu China aus just strategiegesch, laangfristeg strategiegesch Kollaboratiounen sinn.

An dofir muss een an där China-Politik d'Realitéit kucken. Schweigepolitik mécht hei kee Sënn. Kooperatioun mécht Sënn, wann eng kloer Basis do ass, ouni datt mer eng Ennerwerfung maachen. Mee eng Kooperatioun kann awer nëmmen op Reciprocitéit baséiere vun deem, wat chinesesch Entrepreneuren hei musse kënnen, wat och europäesch Entrepreneuren a China musse kënnen a vun deene Standarden, déi fir eis eng Normalitéit an eng Obligatioun sinn.

Mir sollen zu eise Wäerter stoen - kloer an daitlech! Mir müssen och zu eisen Interesse stoen. Alles anescht mécht kee Sënn a wär just Naivitéit. An dofir musse mer eis och an eiser genereller Politik an eisen Allianzen deementspriedend organiséieren.

An datt a mengen Aen, an dat ass mäin nächst Kapitel, d'Veereenegt Staate müssen e Partner an en Alliierte sinn, dat ass eng absolutt Evidenz. Mee awer net déi selwecht Partnerschaft wéi viru 40, 30 oder 20 Joer, well mir hunn awer an der internationaler Politik zwou Zäsuren kennt. Ech hu se virdru schonn opgezielt.

Dat éischt, dat ass déi vum President Trump, deen eng dramatesch Isolatiounspolitik gefouert huet an deen Europa net méi als Partner, mee deelweis sou-

guer als kommerzielle Feind consideréiert huet. Gutt, den Här Trump ass elo net méi do, mee dat huet eis awer geléiert, datt dat ëmmer nach méiglech ass an datt déi Politik och nach eng kéier kann zrëckkommen. Mir wëssen net, wat an dräi Joer nach eng kéier geschitt.

An déi zweet Zäsur, dat ass déi, déi ënnert dem Här Joe Biden awer elo komm ass, notament an Afghanistan, fir mech eng Feelentscheedung d'ail-leurs vun de Vereenegte Staaten, an haaptsächlech e grouss Problem, well en, onpreparéiert an ouni d'Alliiéiert richteg anzeweien, esou Decisiounen geholl huet; wat déi total europäesch Onmacht gewisen huet, mee awer och kloer gewisen huet, datt d'Sécherheet an Europa, an dat huet den Här Biden och gesot, net méi déi éischt Prioritéit vun de Vereenegte Staaten ass. D'Interventiounen ginn an Zukunft nëmmen do gemaach, wou de vitalen Interêt vun de Vereenegte Staaten direkt betraff ass.

Déi éischt Prioritéit vun de Vereenegte Staaten, dat seet et hir Aussepolitik, dat ass d'Sécherheet am indopazifesch Raum an Zukunft an de Suprematie-kampf, deen d'USA mat China hunn.

Net nëmmen Europa ass net méi d'Prioritéit vun de Vereenegte Staaten, mee och alles, wat ronderëm Europa ass. Dat heescht, de Mëttleren Osten an all déi Konflikter, déi am Mëttleren Oste sinn. Dat heescht, Nordafrika an Afrika am grouss Ganzen. Dat heescht, och d'Tierkei. An dat heescht, bis op e gewëssene Grad och Russland.

D'Konsequenz ass fir mech hei kloer. Mir müssen eng Realpolitik maachen. Mir müssen, dat ass evident, d'Opbau vun eegestännege Verteidigungs- a Sécherheetscapacitéiten an deenen nächste Méint a Jore virundriwwen.

Mir sinn an deenen nächste Joren och eleng verantwortlech fir eis Sécherheet, fir alles, wat sech ronderëm Europa u Sécherheetsfroen stellt, och fir déi Konflikter ronderëm déi Flüchtlingsfroen, och fir eise Liewensstil an d'Verteidigung vun eise Wäerter.

Eis Relatioun mat den USA, an ech soen dat ganz kloer, ass a mengen Aen eng Noutwendegkeet a kommerzielle Froen, a gemeinsame Reegelen, an der Verteidigung, souwäit dat da méiglech ass, fir den Accord de Paris iwwer Klimaschutz ëmzesetzen, fir Covidmoosnamen ze huelen, fir Mëscherechter respektéieren ze loosse, fir de Multilateralismus - hoffentlech - erëm méi opliewen ze loosse. Do ass déi Kollaboratioun absolutt noutwendeg, och déi Relatioun absolutt noutwendeg.

Mee et ass awer ganz kloer, datt, anescht wéi virun 20, 30, 40 Joer, mer net méi en Unhängsel vun den USA kënnen an dierfen a solle sinn, mee als eegestännegen a gläichwäertegen Partner müssen do-stoen. Dat gefält vläicht de Vereenegte Staaten net, dat ass awer och net d'Fro! Et ass fir eis eng Iwwerliewensnoutwendegkeet, datt mer déi Independenz an eisen Decisiounen hunn, an datt mer déi Autonomie an deenen zentrale Punkte vun der politescher Gestiou kreien. E Partner, dee gläichwäerteg ass, e Partner, dee staark ass, an da si mer och e respektéierte Partner fir eis Alliiéiert!

An och Lëtzebuerg, soen ech, huet an dëser Diskussioun eng Roll ze spillen. Mee fir datt mer se kënnen spillen, müssen déi Ziler kloer an daitlech sinn, eis Positioun an eis Strategie gedeelt an och konsequent ëmgosat ginn.

Wat Russland ugeet, muss ech soen, ass et eng schwierig Positioun. Mir hunn et hei mat engem Regimm ze dinn, deen an der Crimée militäresch agegraff huet, deen am Fall Nawalny dat gemaach huet, wat e gemaach huet, deen den Här Lukaschenko a Belarus ënnerstëtzt, deen a Syrien, a Libyen, a Moldawien an a Georgie seng politesch Manöver gemaach huet. Nodeems datt déi international Empörungsritualer sech dann allkéiers, wann eppes geschitt ass, no e puer Deeg erëm geluecht hunn, hu mer et awer ni fäerdegbruecht, eng konkret Politik an eng konsequent Politik duerno ëmzesetzen. Mir hunn ëmmer erëm bei all Konflikt, bei all Konflikt, dee sech deklaréiert huet, noginn a mir hunn no e puer Wochen erëm vergiess, wat lass war!

An d'Resultat vun där Aart a Weis ze handeln, dat ass, datt mer am Fong näischt erreecht hunn. Au contraire! Mir hunn dem President Putin just gewisen, datt een zu engem Deel déi europäesch Aussepolitik net muss seriö huelen. An en huet eis dat och kloer ze verstoe ginn, datt en dee Message verstanen huet. Ech erënnere mech un déi Rees, déi den Här Borrell, den aussepolitische Vertrieeder vun Europa, a Russland gemaach huet, wou en humiliéiert ginn ass vum russeschen Ausseminister a mat engem absolute Mepris behandelt ginn ass, wou keen Interessi un enger europäescher Partnerschaft gewise ginn ass a wou souguer ausgesot ginn ass, datt net méi mat Europa, mee nëmmen nach mat eenzelne Länner géif geschwat ginn. Dat ass dat, wou déi Aart a Weis, wéi mer Aussepolitik gemaach hunn, eis elo higefouert huet! Dofir soen ech ganz kloer: Mir müssen op een anere Wee an der europäescher Aussepolitik kommen! Mir müssen d'Unanimitéit fale loosse. Mir müssen op ge-

meinsam Decisiounen kommen, fir besser a fir méi staark ze sinn.

Ech si kee Frënd vu Sanktiounen, mee an deem Fall hei soen ech, datt Sanktiounen noutwendeg sinn, fir kloer Zeechen ze setzen. An dat Zweet, wat wichtig wär, dat wär, datt mer hei Unitéit an der Aussepolitik hätten. De Rôle vun der Lëtzebuerger Politik ass hei net individuell, mee fir ëmmer erëm déi europäesch Demarchen ze ënnersträichen. An ech fannen esou onofgeschwaten Initiative wéi déi, déi de franséische President par rapport zu Russland virun e puer Méint geholl hat, just een Zeeche vu Schwächt vun Europa.

Wat d'Tierkei ugeet, do ass eis Meenung och kloer an daitlech, a si ass nach confirméiert ginn duerch dee leschten Tierkei-Bericht vun der EU-Kommisioun. De Bericht seet kloer, datt och an deene leschte Méint nach zousätzlech Réckschrëtt a Saachen Demokratie, Rechtsstaatlechkeet, Grundrechter an Onofhängegkeet vun der Justiz geschitt sinn, datt déi Sonderbefugnisser nom Putsch vun 2016 nach ëmmer a Kraaft sinn an datt Drock op d'Zivilgesellschaft an op d'Buergermeeschtere vun der Oppositioun an der Tierkei gemaach gëtt.

An dobäi kommen all déi Provokatiounen, déi mer am leschte Joer kannt hunn an déi Agrëffer an aner Länner, wéi déi Provokationsakte vis-à-vis vu Griicheland respektiv vun Zypern; ob et elo iwwert déi Schëffer geet oder iwwert déi Buerungen oder iwwert de Fall vu Varosha; ob et a Libyen ass; ob et d'Positioun am Balkan ass; ob et de Chantage deelweis mat Flüchtlinge war; ob et déi ugekënnegt Ausweisung vun den zéng Ambassadeuren ass, déi zwar zrëckgezu ginn ass an deene leschte 14 Deeg, mee déi trotzdeem ugekënnegt war; ob et och déi total inakzeptabel Positioun am Nagorno-Karabach-Konflikt ass. Egal, wat d'Justifikatiounen dovunner sinn, ech sinn der Meenung, mir sinn der Meenung, datt d'Tierkei sech hei kloer vun dem europäesche Wäertesystem getrennt huet. D'Tierkei huet sech och kloer vum partnerschaftleche Verteidigungssystem getrennt, andeems se um militäresche Wee a sech d'Konfrontatioun mat engem NATO-Partner, zumindest am Ufank, gesicht huet. Dofir kënnt an eisen Aen en EU-Bäitritt net méi a Fro! An ech mengen, do soll een och eng kloer Sprooch schwätzen. An ech muss soen, datt d'NATO sech och eng kéier muss Froe stellen, wéi se mat engem Alliierten ëmgeet, dee mat aneren Alliiéierten an der NATO déi do Relatiounen kann hunn.

Dat heescht net, datt mer mat enger Tierkei net méi solle schwätzen. Mee den Dialog muss op reellen Ëmstänn opbauen. D'Tierkei brauch Europa, aus ville Grënn. Europa brauch och d'Tierkei als Partner a ville Froen, notament de Flüchtlingsfroen. Deen Dialog muss sinn. Deen Dialog brauchen déi eng, deen Dialog brauchen déi aner.

Ech fannen et och normal, an ech soen dat och ganz kloer, datt d'Tierkei finanziell Hëllef kritt, well d'Tierkei bereet ass, eng grouss Zuel vu Flüchtlingen opzehuelen. Ech sinn dergéint, datt verschidde Leit oder deen een oder deen anere soen, datt d'Tierkei hei Kaddoe gemaach kritt. Neen, se kritt keng Kaddoe gemaach. Si mécht do eng Aufgab, an d'Europäesch Unioun finanzéiert déi zu engem Deel mat. An ech fannen dat richteg esou an ech fannen dat normal esou. Mir brauchen awer och en Dialog aus geostrategiegesch Grënn mat der Tierkei. Well hu mer en net als Europäer, da sinn anerer wéi d'Chineesen, wéi d'Russen, déi als Alternativ direkt dostinn. An aus Russland - wat momentan oder och an deene leschte Joren nach ëmmer a konfliktuelle Relatiounen mat der Tierkei war, wat, wéi mer gesinn hunn, sech séier ëmdréie kann - kann e Frënd ginn!

En theoreeteschen Dialog iwwer Zollunioun, iwwer Zesummenaarbecht, iwwer Fuerschung, iwwer Wëssenschaft, iwwer Jugendaustausch kann ech mer scho virstellen. Mee et ass awer fundamental richteg, wat de Jean Asselborn a senger Ried gesot huet: Ech ka mer dat awer nëmme virstellen, wa Progrësen a Saache Rechtsstaat a Mëscherechter gemaach ginn! Anescht geet dat net. Do hutt Der Recht, Här Ausseminister. Ech weess, datt dat e schwierigen Equilibre ass, mee ech mengen, datt mer déi Fro mat deem noutwendegen Realismus müssen ugoen.

Ech wëll dann och op e puer Konflikter ronderëm eis nach zrëckkommen, déi fir mech och wichtig a weesentlech sinn, déi Konsequenzen direkt op Europa hunn, zum Beispill de Konflikt am Nagorno-Karabach. Wéi déi éischt Empörungswell eriwuer war, ass ganz séier erëm vergiess ginn, wat an där Géigend an an Armenie weider geschitt ass. Mee dohanne geet dee Konflikt awer weider, déi Situatioun ass net evident momentan, a fir vill eenzel Leit geet et weider. Déi aserbaidjanesch Offensiv huet e präkäeren Equilibre gebrach, a mat Hëllef vun der Türkei ass den Nagorno-Karabach iwwerrannt ginn. Fir d'Leit, déi do geliefert hunn, ass eng onméiglech Situatioun geschafft ginn, mat 100.000 Armenier - 100.000 Armenier! -, déi hu musse fortgoen, mat engem Drëttel vun dem Territoire, deen do occupéiert ass, mat 4.000 Zaldoten, déi hiert Liewe gelooss hunn. An et ass nach net fäerdeg!

Ech si frou, datt mer hei an dëser Chamber ganz kloer an daitlech Positioun dozou konnten huelen. Haut ass d'EU amgang, eng Verlängerung vum Partenersiats- a Kooperatiounsofkommess mat Aserbaidjan auszuhandelen. Ech fannen et net normal, wann déi Verlängerung einfach géif vun der EU esou duerchgewonk ginn, nodeem, wat alles an deene leschte sechs Méint a wat alles an deem leschte Joer geschitt ass.

Dofir deposéieren ech hei eng Motioun, déi a sech freet, datt den Approfondissement vun de Relatiounen nëmme ka gemaach ginn, wa mer zumindest eng Libération vun de Prisonniers de guerre an den ziville Prisonéier, déi och esou vun der Cour européenne des droits de l'homme unerkannt gi sinn, ka geschéien a wann déi rapatriéiert ginn.

Wannechgelift, Här President.

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les précédentes motions adoptées à l'unanimité sur la responsabilité de l'Azerbaïdjan dans le lancement d'une agression militaire contre le Haut-Karabagh ;*

*- considérant la position claire de l'Union européenne, du Parlement européen, de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe, des Nations Unies et du Gouvernement luxembourgeois sur le rapatriement immédiat de tous les prisonniers de guerre et civils arméniens, détenus en Azerbaïdjan en violation du droit international humanitaire ;*

*- considérant également que les actions de l'Azerbaïdjan ne correspondent pas aux valeurs et principes du programme « Partenariat oriental » de l'UE et contredisent directement les principes du droit international,*

*invite le Gouvernement*

*- à ne pas soutenir l'approfondissement de la relation entre l'Azerbaïdjan et l'Union européenne tant que les prisonniers de guerre et civils arméniens détenus en Azerbaïdjan (et pour lesquels la Cour européenne des droits de l'homme avait décidé d'appliquer des mesures provisoires) ne seront pas rapatriés.*

*(s.) Claude Wiseler, Léon Gloden, Martine Hansen, Gilles Roth, Marc Spautz.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dës aussepoliteschen Ried kann een och net halen, ouni e puer Wuert iwwer Afghanistan ze soen. Ech soen et nach eng kéier: Fir eis war et eng falsch Decisioun vun den USA, eng mat de Partner onofgeschwaten Decisioun, an déi huet gewisen, datt eis Onofhängegkeet a militäresche Froen an dësem Moment net méiglech ass.

Ech wëll awer och ervirsträichen, datt ech den Asaz vum Lëtzebuerger Fliger an deem ganze Kontext äusserst sënnavoll fonnt hunn am Kontext vu Strategiegeschen europäeschen Asazméiglechkeeten. Mir ware vun Ufank u fir dee Fliger, well en en Deel vun der Lëtzebuerger Kontributioun zur westlecher Verteidigungspolitik ass. Mir hunn e vun Ufank u matgedroen. A mir gesinn och kloer, datt mer heimat konnte beweisen, datt mer eng Kontributioun och an esou Konfliktsituatiounen kënnen maachen.

Fir eis ass et kloer, datt déi Decisioun huet misse geholl ginn, datt déi Leit, déi eis dohanne sur place gehollef hunn, hu misse an Europa hir Plaz fannen an och hei d'Dieren op fannen, fir datt mer hinnen dun, wéi si an Nout waren, konnten hëllefen.

Fir eis war et och kloer, datt mer deene Leit, déi an Afghanistan jorelaang d'Mëscherechter verteidegt hunn, jorelaang eis Iddien a Visiounen iwwert d'Mëscherechter, iwwert d'Demokratie an iwwert d'Aart a Weis, fir zesummen ze liewen, dohanne verteidegt hunn, déi elo a Gefor waren, gehollef hunn an datt mer se op Lëtzebuerg respektiv an aner Länner bruecht hunn. Si hunn och Sécherheet verdéngt gehat.

Ech hunn och d'Aart a Weis, wéi den Här Asselborn sech agesat huet, fir Afghane kënnen op Lëtzebuerg ze kréien, vum Prinzip hier extreem positiv fonnt. Ech hu mech just déizäit gefrot, Här Asselborn, an erlaabt mer, lech dat ze soen, ob et richteg war, eng Zuel an d'Diskussioun emol einfach eranzegeheien, well si war, mengen ech, net ofgeschwat mat deenen anere Länner, et huet zwar fir vill Publicitéit gesuergt, mee et war awer schlussendlech ineffikass an der Aart a Weis, wéi et ugepaakt ginn ass.

Ech hunn d'Zilsetzung awer sengerzäit ënnerstëtzt. Ech wollt lech dat och eng kéier op dëser Plaz ganz kloer soen. Ech hunn et och eng richteg Politik fonnt, wann een als Éischt d'Prioritéit huet, fir d'Nations Unies an déi Binneflüchtlingshëllef, déi humanitär Hëllef, déi an Afghanistan gemaach ginn ass, finanziell esou vill wéi méiglech ze ënnerstëtzen, souwäit et nach gaangen ass.





Ech hunn et och richteg fonnt, datt een der UNHCR an der OIM gehollef huet, an deene Länner ronderëm esou vill wéi méiglech Accueil opzebauen. Mat all deem, wat do lass war, war dat eng absolutt Noutwendegkeet an eisen Aen.

Ech hunn et och richteg fonnt, datt mer ganz schnell decidéiert hunn, keng Afghane méi zrëckzeschécken, och wann der eng Rei e Refus hei zu Lëtzebuerg haten. A fir dee Refus awer net follegen ze mussen mam Zréckschécken an Afghanistan, huet eis eng absolutt Normalitéit geschéngt an deenen Deeg do.

Ech wëll just haut froen, an Dir hutt et kuerz ugeschwat an Ärer Ried: Haut ass et esou, datt eng Rei Leit, déi de Statut net krute respektiv eng Rei nei Flüchtlingen, déi aus Afghanistan komm sinn, nach ëmmer op Äntwerte waarden an elo vum Ministère gesot kréien - Dir hat et an Ärer Ried ugeschwat -, datt nach keng Decisiounen kënnen geholl ginn, well mer nach géife kucken, wat d'Sécherheetssituatiounen wären an Afghanistan. Ech kann dat zwar verstoën, mee ech muss awer soen, datt ech awer och ka verstoën, datt d'Netwëssen an déi Ongewëssheet, fir eng Situatioun gereegelt ze kréien, awer an deenen hei Fäll dramatesch fir déi Leit sinn. A mir wäre frou, wann op jidde Fall se déi Äntwerten, déi mer hinne schëlleg sinn - an ech kennen lech jo genuch fir ze wëssen, datt Dir hinnen déi Äntwerten och wëllt ginn -, esou schnell wéi méiglech kënnen kréien. Ech mengen, an dësem Fall wär dat absolutt noutwendeg.

Wat d'Relatiounen mat Afghanistan ugeet, datt mer do keng Unerkennung vun engem Regimm maachen, deen d'Mënscherechter net respektéiert, deen d'international Reegelen net respektéiert, schéngt eis eng absolutt Evidenz ze sinn. Do ass emol keng Diskussioun noutwendeg. Ech hunn et zwar onzefriddestellend fonnt, datt dem Conseil seng Positioun, déi se doriwwer ausgeschafft hunn, zwar an déi richteg Richtung gaangen ass, mee awer relativ flou war, soudatt jiddweree konnt ongeféier drënner verstoën, wat e wollt.

Iwwer Belarus wollt ech och e puer Wuert soen. Do deelen ech nämlech 100%eg d'Approche vun der Regierung. Gefälschte Walen, Repressioun vun der Oppositioun, där een d'ailleurs e grouss Courage muss zouschreiwen, sech do anzesetzen an deem Klima, deen a Belarus momentan herrscht: Fligieren, déi detournéiert ginn, elo Erpressung géint d'Sanktiounen, déi d'Europäesch Unioun gemaach huet, an Erpressung mat engem vun deenen degoûtantste Méttelen, déi et gëtt, wou Leit, Migranten, Refugiéé benotzt ginn an hiert Liewen op d'Spill gesat gëtt, fir d'Europäesch Unioun ze erpressen.

Dat däerf d'EU net akzeptéieren. D'EU däerf net noginn, bien au contraire. Mir ënnerstëtzen deen etendéierte Sanktiounsregimm, deen a Virbereedung ass. Mir ënnerstëtzen och d'Volontéit, fir Diskussiounen mat de Pays d'origine vun deene Flüchtlingen ze hunn. A mir ënnerstëtzen och déi Sanktiounen fir déi Aviatiounsgesellschaften, déi a sech hei benotzt ginn, fir déi Flüchtlingen aus Libyen a Syrien dohinner ze bréngen, a Belarus, fir se duerno op déi polnesch oder litauesch Grenz ze bréngen.

Kloer ass an eisen Aen, an ech wëll dat och an aller Däitlechkeet soen, datt d'europäesch Grenze muss geschützt ginn. Dat ass dat Éischt. D'europäesch Grenze muss geschützt ginn. Dat Zweet ass awer, an ech soen dat grad esou kloer, datt dat muss geschéien am Respekt vum internationale Recht a vun de Mënscherechter. Dat ass momentan net de Fall op der polnescher Grenz. D'Grenzofsécherung ass zwar eng national Kompetenz, mee et ass awer weesentlech, datt d'Mënscherechter agehale ginn. An a Länner wéi Litauen, déi akzeptéiert hunn, datt Frontex dohinnerkënn, déi och Hëllef aus der EU akzeptéiert hunn, gëtt déi Operatioun ganz anescht ofgewéckelt, wéi se momentan a Polen ofgewéckelt gëtt. Ech fannen et normal, datt Frontex ka sur place goen, fir deen noutwendeg Grenzschutz op där enger Säit ze garantéieren, mee awer a mënschewürdege Konditiounen, esou wéi dat an enger Europäescher Unioun normal muss sinn.

Den Här Asselborn huet och iwwert den Noen Oste geschwat. An en huet gesot, datt déi Zweistaatelësung zwëschent Palästina an Israel d'Zil an déi eenzeg Méiglechkeet wär, déi mer hätten am Noen Osten, fir eng Kéier Friden ze erreechen. Mir deelen dat, ech soen dat nach eng Kéier ganz kloer hei. Mir soe just och nach eng Kéier hei, datt mer dem Ausseminister - an hie weess dat, well mer och schonn doriwwer geschwat hunn - seng Aart a Weis, un dës Fro erunzegoen, net deelen.

Och gëschter an deem, wat e gesot huet, an ech hunn et puermol gelies, ass d'Schold eenzeg an eleng op Israel gedréckt ginn. An ech soen do och nach eng Kéier: Israel huet an eisen Aen net alles richteg gemaach. Israel huet villes falsch gemaach, a mir desapprouvéieren och déi Siidlungspolitik, déi hei gemaach gëtt. Ech wëll dat ganz kloer soen! Mee et kann een awer a mengen Aen net iwwert den Noostkonflikt schwätzen, andeem een déi Rakéiten, déi vu Gaza op Israel geschoss ginn,

einfach net ernimmt. Ech soen lech kloer, Här Asselborn: Déi Torté si béidsäiteg, an eng eesäiteg Approche, wéi Dir se gëschter hei gesot hutt, déi gëtt a mengen Aen, an eisen Aen, der Realitéit net gerecht an hëlleft och net der Léisung! Well fir eng Léisung ze fannen, ka se nëmme mat den zwou Säite fonnt ginn a muss am Equilibre fonnt ginn. A wann een nëmmen eng eesäiteg Positioun huet, da fënnt een deen Equilibre net, fir eng Léisung erbäizeféieren.

Ech hunn zum Schluss dann nach zwee Konsenssujeten. Den éischten ass de Westbalkan. Jo, mir hunn 2003 villes versprach, déi Reformagenda geet net séier genuch virun a mir mussen encouragéieren an ënnerstëtzen, datt déi Negociatiounen weiderlafen. Mee ech soen awer grad esou kloer hannerdrun: De Bierger vun Nordmazedonien an Albanien, deenen hu mer d'Opmaache vu Bäitrëtsverhandlung versprach, wa se eng ganz Rei Efforte géife maachen. Si hunn déi vill Efforte gemaach a mir verstinn haut net a mir kënnen et och net akzeptéieren, datt mer eis Versprieche par rapport zu deene Länner net halen. Well hale mer se net, da sinn aner Länner, China, Russland, Tierkei, déi sech do, wéi op anere Plazen, an d'Plaz setzen. An et muss ee just eng europäesch Kaart kucken, fir ze wëssen, wat an Europa laangfristeg eng Noutwendegkeet ass.

A mäin zweete Punkt, dat ass dee vun der Afrika-Politik. Do soen ech kloer: Et ass eis Responsabilitéit, datt mer méi an nach méi déi Afrika-Politik als eng europäesch Politik gestalten an net nëmmen als eng Politik vun der Entwécklungshëllef, mee als eng Politik, wou mer déi afrikanesch Länner als richteg Partner consideréieren. op alle Gebitter als richteg Partner consideréieren. Dat gëtt vun hinne gefrot, an dat ass den État d'esprit, an deem mer müssen an deenen nächste Méint dohigoen.

Als Konklusioun e puer Saachen. Ech well fir d'éischt, well dat mir um Häerz läit, all deenen Diplomate Merci soen, déi während där ganzer Zäit sech engagéieren - op eng fantastesch Aart a Weis sech engagéieren. Et ass e Corps mat ville Kompetenzen, dee sech vill asetzt fir d'Interesse vun eise Land. Ech wëll hinne Merci soen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - A villen eenzele Punkte si mer och d'accord mat deem, wat den Här Asselborn gesot huet. Mir deelen dat Engagement fir méi Europa a fir méi en effizient Europa. Mir deelen den Asaz fir Mënscherechter, fir Rechtsstaatlechkeet a fir Demokratie. Et ass e Corps mat ville Kompetenzen, dee sech vill asetzt fir d'Interesse vun eise Land. Ech wëll hinne Merci soen.

Mee dat, wat mer gären hätten, dat ass eng kloer Visioun vun der Aussepolitik, gedeelt vun der ganzer Regierung, déi de Changementen Rechnung dréit, déi nei Gewiichten erabrëngt an déi deenen neien Erausforderunge gerecht gëtt.

Ech soen lech awer och, Här Asselborn: Mir sinn iwwerzeegt, datt an enger Zäit, an där eise Premierminister duerch seng Plagiatsaffär ... Egal wat bei der Enquête vun der Universitéit an deenen nächste Méint wäert erauskommen, wann ech haut déi international Press liesen an nolauschten, da soen ech, datt elo schonns international en enorme Kredititéitsproblem entstanen ass an e ferm ugeschloen ass. Dofir soen ech hei, datt den Ausseminister am internationale Beräich an deenen nächste Méint nach méi gefuerdert ass, fir d'Kredititéit vun eise Land oprechtzeerhalen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat kann en awer nëmmen, wann eis aussepolitisch Zilsetzung kloer sinn, eis Politik coordonéiert ass an d'Linn vun der ganzer Regierung gedeelt gëtt. Dat ass dat, wat eis gefeelt huet an Ärer Ried an och an Ärer Politik. Dat ass awer dat, wat d'Lëtzebuurger Aussepolitik brauch!

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wiseler. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, zënter bal zwee Joer huet d'Pandemie eis elo am Grëff an de Covid wäert eis leider och net an deenen nächsten Zäite lassloossen. Zumindest huet en eng Gerechtegkeet mat sech bruecht: E kennt keng Grenzen. Allerdéngs huet en op där anerer Säit awer och gewisen, datt d'Welt an zwee gespléckt ass. Op där enger Säit hu mer déi Leit, zu deene mir glécklecherweis gehéieren, déi d'Méiglechkeet hunn, géint de Covid unzekämpfen. An op där anerer Säit hu mer leider, an dat ass d'Majoritéit, vill Leit, déi natierlech ënnert dem Covid richteg ze leiden hunn a wou et och noutwendeg ass, mengen ech, datt deene Leit prioritär gehollef gëtt.

Wann ee bedenkt, datt et an Afrika Länner gëtt, an deenen net emol 1 % oder knapp 1 % vun der Popu-

latioun geimpft ass a wann een dann awer d'Statistik hei zu Lëtzebuerg kuckt, da gesäit een awer schonn déi enorm Diskrepanzen.

An da si mer awer ganz séier och bei der Europäescher Unioun, déi jo esou gäre vun eenzele Leit, a leider ëmmer méi, kritiséiert gëtt. Do gesäit een awer, wéi wichteg datt et awer ass, datt mer an esou Krisen eng Europäesch Unioun hunn, datt d'Europäesch Unioun elo iwwert eng Milliard Impfstoffen an iwwer 150 Länner scho geliwwert huet oder datt se 87 Milliounen Dosissen iwwert de COVAX zur Verfügung gestallt huet. Ech mengen also, och dat sollt een hei ënnersträichen. An eppes ass jiddefalls ganz kloer: De Covid diktéiert och zu dësem Zäitpunkt d'Aussepolitik.

D'Liewen op der Welt ass ouni Zweifel net méi einfach ginn. Et sinn eng ganz Rei Konflikter, op déi een natierlech och nach muss ze schwätze kommen. Et gëtt awer och e puer Liichtblécker. Ech wëll awer op ee Punkt hiweisen, deen ech awer mengen, hei müssen ze ernimmen. Dat ass de leschten 20. Januar gewiescht, wéi an den USA en neie President vereedegt ginn ass. Ech mengen, dat war awer trotzdeem e weesentleche Moment a vill Leit ware frou, datt d'Administratioun Trump ofgeléist gouf vum Joe Biden.

Dat erlaabt natierlech elo schonn zu dësem Zäitpunkt en éischte kuerzen Tëschebilan vläicht iwwert déi nei Administratioun ze maachen, ouni sech elo do ze vill an den Detail ze engagéieren. Ech mengen awer trotz allem, datt een insgesamt muss soen, datt deen éischten Tëschebilan guer net esou negativ ausfällt.

Dat, wat engem natierlech opfällt, ass, datt den Här Biden éischer op sengem Terrain, dat heescht a sengem Land Problemer huet, och esouguer a senger eegener Partei, wéi vläicht um internationalen Niveau.

Sécher sinn iwwer Afghanistan, op dat ech nach wäert zrëckkommen, eng Rei Wieder ze soen. Mee eppes ass kloer an ech mengen, dat mierke mir virun allem, net nëmmen als Lëtzebuerg, mee och als Europäesch Unioun: Déi transatlantesch Bezéiunge si vill besser ginn a sinn entre-temps jiddefalls erëm op deem Niveau ukomm, op deen se och gehéieren.

Den Här Biden wäert et natierlech an Zukunft och net einfach kréien. Et ass elo eng Wal gewiescht am Virginia, do wou hien nach 54 % d'lescht Joer bei de Wale krut, bei där de republikanesche Kandidat gewielt gouf. Wann d'Midterms, déi jo elo an engem Joer stattfannen, sollten net onbedéngt positiv fir seng Partei ausgoen, déi jo eng relativ knapp Majoritéit am Kapitol huet, da kéint dat natierlech och zu enger Rei Problemer féieren.

Wéi eng Konflikter gëtt et dann de Moment op der Welt, déi müssen hei duerchdiskutéiert ginn? Do muss een en Tri maachen, well leider d'Problematik ganz grouss ass. De Kale Krich, wéi mir en an der Zäit kann hunn, ass eriwuer. Glécklecherweis! Mee et muss ee sech awer d'Fro stellen, ob net en neie Kale Krich amgang ass, sech um Horizont e bëselchen ofzezeechnen, an zwar mam Räich an der Mëtt, besser bekannt als China. Wann een d'Entwécklung vun der chinesescher Politik, déi Hegemoniebestriewunge méi genee kuckt, da muss ee sech natierlech eng ganz Rei Froe stellen.

China ass zum Beispill de Moment um beschte Wee, déi stäerkste Flott vun der Welt ze kréien. An et gesäit ee jo och, datt China amgang ass, sech a ville Regiounen vum Planéit fest ze implantéieren. Ech denken zum Beispill och u den Westbalkan, wat jo net wäit ewech ass a wou mir och eis Interesseverrieder hunn, u Serbie virun allem. Ech denken och u Kroatien, wouriwwer mer herno jo nach eng Kéier kuerz wäerte schwätzen, wou jo ëmstridden Autobunne vun de Chineese gebaut ginn. Et j'en passe.

An dann ass natierlech awer ee Punkt, deen eis alleguerte muss interpelléieren, déi aktuell Attitüd vu China zu Taiwan. Mir wëssen, datt den Appetitt op Taiwan net nei ass, mee mir wëssen awer, datt en an der leschter Zäit vill méi grouss ginn ass. An den Här Xi Jinping, de Staatschef, deen elo schonn um Rudder ass zënter dem Mäerz 2013, verheemlecht dat jo och guer net. Deen dreemt jo quasi dovun, datt eng Fusioon tëschent China an Taiwan soll kommen. Dat bréngt natierlech d'USA och an eng méi schwierig Situatioun, well d'USA - an den Här Biden huet dat jo awer och kloer zum Ausdrock halen, well se soss riskéieren, awer vläicht Ofstand vun den USA ze huelen.

Dat bréngt natierlech och da mat sech, datt d'USA sech müssen och dee Moment hannert verschidde Partner stellen an deem Raum. Ech denken u Japan. Ech denken u Singapur, déi natierlech och hoffen, datt d'USA géifen, am Fall wou, hiert Wuert halen, well se soss riskéieren, awer vläicht Ofstand vun den USA ze huelen.

Mir wëssen also, datt do e gewësse Konflikt besteet, deen de Moment nach überschaubar ass. Mee et däerf een awer net esou naiv sinn a mengen, datt deen net och eng Kéier kéint eklatéiere

mat all deene Problemer, déi sech doraus geifen erginn. An et muss een och Verständnis hu fir eng gewëssen Angscht, déi sech ënnert der Populatioun op Taiwan breetmécht, well si blécke jo awer och ganz séier op Hongkong; Hongkong, dat jo bis 1997 nach ënner brittescher Kontroll stoung. Et ass natierlech elo esou, datt zënterhier sech awer ganz villes do gedoen huet an datt Hongkong am Fong geholl e gutt Beispill kéint duerstellen, wat u sech gegebenefalls mat Taiwan kéint geschéien.

Ufangs 1972 war den deemolege President, de Richard Nixon, op Peking op Besuch. Deemools ass vun enger strateegescher Zweedeitegkeet geschwat ginn, wat Taiwan ubelaangt. Wat heescht dat am Kloertext? Mee et war eng Eenegung do, datt déi zwee Länner sech, wéi gesot, d'accord gesat hunn, Taiwan géif zu China gehéieren. Mee op där anerer Säit ass awer och gesot ginn, datt d'USA nëmmen domat d'accord wieren ... dee Problem misst friddlech geléist ginn. An ënnert där Konditioun ass dann och bis elo viru Kuerzem, kann een am Fong geholl esou soen, ënnert deenen zwee Länner zesumme gelieft ginn. Dat ass haut net méi de Fall. Ech mengen, déi strateegesch Zweedeitegkeet gëtt et an deem Sënn net méi an dat bréngt da mat sech, datt do gewëssen nei Problemer elo opgetaucht sinn.

Ech zitieren hei de Militärexpert, de Robert Kaplan, deen den Interview an der „Neue Zürcher Zeitung“ vum leschte 24. Oktober ginn huet. E mengt net, datt China elo géif eng militäresch Invasioun géint Taiwan virhuelen. Hien ass éischer der Meinung, datt do e sougenannten Zermürbungskrich, fir et emol esou auszedrécken, géif stattfannen. Dat heescht, et gi méi Rakéite geziilt op déi Insel dresséiert. China huet schonn e puermol taiwaneesche Loftraum duerchbrach an et ginn och lwwershallwaffe getest. Dat féiert natierlech alles dozou, datt dat do eng Entwécklung ass, déi eis jiddefalls net kann einfach kal loossen.

Op där anerer Säit mierkt een dann awer och d'Relatiounen vun eenzelnen europäesche Länner zu China: Och déi hu geännert. Ech erënneren hei zum Beispill un d'Slowakei, d'Tschechesch Republik a Litauen, déi Kontakt zu Taiwan gesicht hunn. Et war eng héich taiwaneesesch Regierungsdelegatioun an deenen dräi Länner. Et ass souguer esou wäit gaangen, datt Litauen d'diplomatesch Bezéiungen zu China de Moment ofgebrach huet. Dat sinn iwwergens véier Länner aus der Europäescher Unioun, just nach zur Erënnerung.

De Robert Kaplan seet dann awer och, datt déi nei Krichsféierung ëmmer méi digitaliséiert gëtt. An hei hätt am Fong geholl China schonn e grouss Virsprong. An e behaupt esouguer zum Schluss, datt China haut méi eng grouss Gefor wier wéi deemools d'Sowjetunioun am klassesche Kale Krich, fir et emol esou ze nennen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, viru bal dräi Méint kouw et jo zu engem Muechtwiessel am Afghanistan. Et ass hei scho ganz vill iwwert den Afghanistan geschwat ginn. Ech mengen, d'Taliban sinn elo no 20 Joer zrëck um der Muecht. Si hu sech am Presidentepalais niddergelooss. Mir hunn nach dramatesch Zeenen an Erënnerung, besonnesch, wéi Leit sech um Flughafen un d'Fligere gehaangen hunn, fir kënnen fortzekommen. Eppes muss een awer ganz kloer soen: Ouni d'Hëllef vu ganz ville Länner aus der ganzer Welt, ënner anerem jo och Lëtzebuerg, hätt déi Loftbréck do net kënnen stattfannen. Et ass iwwergens déi gréisste Loftbréck an der Geschicht vun der Mënschheet. An net méi spéit wéi elo Enn Oktober sinn och nach eng Rei Leit vu Ramstein an d'USA geflu ginn.

Natierlech gëtt hei elo no engem Schëllege gesicht. Natierlech gëtt héich Kritik hei geäussert, déi een och kann deelen, ob dat Enn vun der amerikanescher Militärpräsenz huet missen esou brutal geschéien, mee ech mengen, dat muss een awer och e bësselche relativéieren.

Ech sinn awer liicht erstaunt vu verschidde Leit, déi sech esou gären de Fändel vum Pazifist unhänken, déi dann op eemol awer mengen, datt hei misst méi eng staark militäresch Präsenz an engem Land sinn. D'NATO hätt missen eng aner Roll spillen. D'Europäer hätte missen eng aner Roll spillen. Doriwwer kann een diskutéieren, mee ech fannen, et soll een awer déi ganz Saach och e bësselche méi relativéieren. Et däerf een net vergiessen: An deene leschten 20 Joer sinn 140.000 Leit ëmkommen am Afghanistan. Dovunner 6.000 amerikanesch Zaldoten. Do muss een also, mengen ech, och e gewëssent Verständnis opbréngen, wann eng Nation seet: „Musse mir nach ëmmer déi Affer do bréngen?“ An duerfir fannen ech also: Elo eleng d'Amerikaner un de Pranger ze stellen ass vläicht awer net onbedéngt ganz fair.

Natierlech ass villes am Afghanistan schifgelaf. Natierlech hunn och Däitschland a Frankräich vläicht net genuch matenee geschwat. Natierlech huet och d'Europäesch Unioun do net hir Roll gespillt. An et muss ee sech och d'Fro stellen, ob net an Zukunft aner Krittäre gëllen, fir iwwerhaapt an engem Land present ze sinn. Ech menge





Vietnam, Irak, Afghanistan insgesamt: dat sinn Echrecken. Dat muss een einfach esou ganz kloer soen!

Wichtig ass awer zu dësem Zäitpunkt, datt een derfir suergt, datt déi humanitär Situatioun an deem Land do verbessert gëtt an datt och eng stabill Regierung dohinner kënnt. Mee et sollt ee sech natierlech kenge groussen Illusiounen higninn. Et weess een och, wat fir eng gesellschaftlech Attitüd d'Taliban hunn, déi praktesch contraire ass zu eiser.

Dann däerf een och net vergiessen, datt och si intern am Land e Géigner hunn: déi afghanesch Variant, fir et emol esou ze soen, vum Islamesche Staat, dee jo op Distanz zu den Taliban geet. An déi lescht gréisser Attentater, déi jo zu Kabul waren, gi jo och op de Konto vum Islamesche Staat.

Ech hunn haut awer mat grousssem Interessi en Interview am „Lëtzebuurger Wort“ gelies vum Här Filippo Grandi, dee jo gëschter hei zu Lëtzebuerg op Besuch war an dee seet, et kéint een awer och mat den Taliban zesummeschaffen. E seet hannendrun, et géif kee Plang B ginn, well d'Taliban wieren nun emol un der Muecht. An e gëtt esouguer zou, datt hien net wéisst, ob et eng besser Alternativ géif ginn.

Wann esou Aussoe vun esou enger héichgestallter Perséinlechkeet gemaach ginn, mengen ech, kann een dat net einfach ignoréieren an et soll ee sech och doriwwer seng Gedanke maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Ausseminister ass gëschter an a senger Ried selbstverständlech op de Konflikt an Israel mat de Palästinenser agaangen. Et kënnt een net derlaanscht, dat och dëst Joer erëm eng Kéier leider mussen ze thematiséieren. An ech mengen, och do muss ee ganz éierlech sinn: D'Aussicht op Fridden ass extreem geréng. Ech géif souguer mengen, se ass an deene leschten Zäiten nach vill méi geréng ginn.

Mir hate jo elo och kierzlech de palästinensesche Premier Mohammed - elo gëtt et e bësse méi komplizéiert mam Här sengem Numm - Schtajeh, ech weess net, ob ech dat elo richteg ausgedréckt hunn, hei zu Lëtzebuerg op Besuch. Ech muss allerdéngs soen: Dat war eng ganz interessant Entrevue. An en huet eng Ausso gemaach an déi ass mer och nach, mat Sécherheet net nëmme mir, ganz kloer hänkebliwwen: Si setze virun allem och op d'Europäesch Unioun. Si hoffen, datt d'Europäesch Unioun an deem Konflikt och ka gutt intervenéieren.

Natierlech, mäi Virriedner huet et elo liicht aneschters duergestallt. Ech wëll dat awer net grad esou krass gesinn, wéi en am Fong d'Ausso vum Minister gëschter hei elo interpretéiert huet. Ech fanne schonn, datt den Här Minister do awer dach eng objektiv Approche geholl huet. Mir wëssen natierlech, wou d'Häerz schléit, mee et muss een awer och kucken, wat déi lescht Wochen a Méint erëm geschitt ass.

Ech wëll drun erënneren, datt zum Beispill erëm Projete vu Logementer a Kolonien a Cisjordanien an am Westjordanland geplangt sinn. Da gëtt et d'Aklasséierung vu sechs palästinenseschen ONGen als Terrororganisatioun oder de polizeileche Verbuet vun engem Festival zu Jerusalem op enger Plaz, déi ënner franséischem Protektorat steet. Dat sinn natierlech alles awer Punkten, déi net onbedéngt, loosse mer soen, derzou bäidroen, datt d'Situatioun sech géif entspanen.

Dann huet den Här Gantz, den neie Verdedegungsminister, jo ugekënnegt, datt en 1.800 nei Logementer géif accordéieren. A wat interessant ass an där ganzer Entwécklung, dat ass natierlech elo d'Reaktioun vun den USA. Contrairement zu der Administratioun Trump, déi sech jo awer éischer ganz kloer méi op d'Säit vun Israel gestallt huet, huet awer elo den Här Antony Blinken vill méi kritisches Téin geholl an huet am Fong geholl souguer quasi Israel virdu gewart, elo nach zousätzlech Siidlungen op palästinenseschem Territoire ze autoriséieren.

Da muss een awer och nach eng Kéier drun erënneren an ech mengen, den Här Minister huet dat gëschter och gemaach: Israel huet 1993, dat war am September, d'Ofkommes vun Oslo ënnerschriwwen. Do ware jo awer munch gréisser Ouvertüré gemaach ginn. Wa meng Memoire elo gutt ass, da sollten d'Westjordanland an och de Gazasträife jo awer zu enger gewësser Autonomie ënnert de Palästinenser kommen. Dat ass jo bis haut u sech net geschitt. An et däerf een och net vergiessen: Et sinn zwielef EU-Länner, déi elo am Fong geholl Israel opgefuerdert hunn, déi rezent Siidlungspläng ze annulléieren.

Och dat ass natierlech awer e Punkt, deem een net einfach esou kann ignoréieren. Ech mengen, och dat beweist e bëssen awer de Manko un enger gemeinsamer europäescher Approche vis-à-vis vun där ganzer Problematik, wat jiddefalls ze bedauern ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kënnt een och dëst Joer net derlaanscht, e kuerzen Ofstiecher och nach eng Kéier a Südamerika ze maachen. Ech wëll kuerz op zwee Länner do agoen.

Éischstens Venezuela, wou een zwar d'Gefill huet, dat wier elo e bësse méi aus den internationale Schlagzeile verschwonnen. Mee et däerf een awer net vergiessen, net méi spéit, mengen ech, wéi gëschter oder virgëschter huet den Internationale Geriichtshaff awer Ermëttlunge géint Venezuela opgeholl, well eebe Regimmkritiker elo gefoltert a souguer och higeriicht gi wieren. Dat kann een natierlech esou net dostoe loossen. An duerfir musse mer och Venezuela nach wie vor am A behalen.

En anert Land, an deem ganz vill Onroue sinn, ass Chile, dat elo scho praktesch iwwer e Joer och Tensiounen kennt. Dat ass net direkt eppes Neies, mee déi hu sech elo nach verschlémmert. Ech mengen, de Chile ass jo awer e Land, dat eis als Lëtzebuerg och net ka ganz egal sinn.

Et gëtt eng Rei ONGen, déi do ganz aktiv sinn. Besonnesch d'Problematik mat Mapuche-Indianer, déi am Fong geholl amgang ass, sech nach ze vergrësseren. Et däerf een net vergiessen, datt d'Mapuche-Indianer awer do ganz schlëmm Erfahrung gemaach hunn duerch d'Kolonialiséierung respektiv och wéi de Chile onofhängeg ginn ass, wou se dunne a Reservater gestach gi sinn, muss ee scho bal soen. An och dat sinn natierlech Entwécklungen, déi ee jiddefalls vun esou engem Land net kann akzeptéieren.

Den Här Ausseminister huet gëschter a senger Ried e gréisseren Akzent op d'Handelspolitik geluecht, wat e ganz weesentlecht Element och vun enger Deklaratioun vun der Aussepolitik ass. Ech mengen, en huet op den Erfolleg vum EU-Bannemaart higewisen, dee jo elo 30 Joer besteet.

Grad mir als Lëtzebuerg mat esou enger oppener Ekonomie hunn all Interêt, eis natierlech souwuel um EU-Bannemaart wéi um internationale Marché duerststellen, well mir profitéieren dovun, mir sinn ofhängeg dovun. Da si mer natierlech ganz séier awer och, wann ee schonn den Term „ofhängeg“ benotzt ... D'Covidkris huet jo ganz gutt bewisen, wéi wäit datt virun allem d'Europäesch Unioun muss allerdéngs méi onofhängeg ginn an der Produktioun vu Wueren.

A wa mer iwwer Produktioun vu Wuere schwätzen, da solle mer och ëmmer méi de Courage hunn, eis Gedanken ze maachen, wéi déi Wuere virun allem hiegestallt ginn, op Basis vu wat fir enge Krittären. Nohaltegkeet ass natierlech e ganz wichtege Krittär. Dann natierlech awer och Mënscherechter. An da si mer natierlech ganz séier och beim Liwwerkettesyesetz, dat jo och gëschter hei ugeschwat ginn ass. Jo, och do kann een net esou ganz zefridde si mat der Entwécklung. Mir als Lëtzebuurger kucken natierlech do op d'Europäesch Unioun, wat a priori och ze verstoen ass.

Allerdéngs ass do deem een oder deem aneren Ulaf jo scho geholl gi mat kengem siichtbare Resultat. An duerfir mengen ech awer, datt lues a lues awer och Lëtzebuerg vläicht sollt op de Punkt kommen, datt wa sech nach ëmmer näischt um europäeschen Niveau deet, mer awer vläicht sollten och méi haart driwwer nodenken, awéifern datt mer selwer do sollen d'Initiativ ergräifen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen am Fong elo op dee Punkt, deem ech e bësse méi ausféierlech behandele wëll, an zwar d'Situatioun vun der Europäescher Unioun. Ech mengen, dat ass jiddefalls net nëmme fir mech, mee och fir meng Partei nach ëmmer de weesentlechste Punkt an enger Deklaratioun vun enger Aussepolitik, well se eis als Land jo och am meeschte betrëfft.

Jo, d'Europäesch Unioun steet de Moment net zum allerbeschten do. Mir kennen eng Rei Problemer, Stéchwuert Polen zum Beispill. Dat Land mécht eis net zënter gëschter Suergen, et mécht eis zënter Jore scho Suergen. Natierlech, déi lescht Decisioun vun hirem Verfassungsgeriicht kann een net einfach esou hinhuelen, obwuel elo natierlech versicht gëtt, an ech mengen, mir als Deputéiert krute jo och elo déi lescht Deeg esou e Bréif ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - E ganz gudder Bréif.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Och, den Här Kartheiser seet: „E ganz gudder Bréif.“ Doriwwer léisst sech emol diskutéieren. Op alle Fall hunn ech de Moment nach éischer d'Tendenz, fir engem Europäesche Geriichtshaff oder enger Europäescher Kommissioun ze gleewen, wéi vläicht e Rechtfertigungsversuch vun der polnescher Säit, deem een natierlech awer muss respektéieren. Jiddefalls ass dat do net onbedéngt erëm eng glorriäch Entwécklung, déi do an der europäescher Politik virkënt.

Ech mengen, et ass och ze verstoen, datt d'Madamm von der Leyen do och den Toun elo mol gehuween huet. D'PiS-Partei jiddefalls ass amgang, sech do an eng Situatioun eranzemanövréieren, déi net gesond ass. An da wëll ech awer och hei nach eng Kéier drop hiweisen, datt Polen en Ofdreiwungsgesetz huet, wat awer alles aneschters wéi de Respekt vis-à-vis vun der Fra weist, an ech

mengen, och dat kann een als iwwerzeegten Europäer net esou akzeptéieren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gusty Graas (DP).** - A wann dann de polnesche Premier vun engem Drëtter Weltkrich vun der Europäescher Unioun vis-à-vis vu sengem Land schwätzt, jo, Dir Dammen an Dir Hären, da muss ee sech awer d'Fro stellen, op wat fir engem Niveau mer eis dann awer schlussendlech beweegen, wa mer ewell esou ënner Partner mateneen diskutéieren. Wann dat deem neie Langage ass, jo, da muss een awer Angscht hu fir d'Zukunft vun der Europäescher Unioun.

Ech mengen, duerfir ass dat och ze verstoen, datt den Europäesche Geriichtshaff eeben elo eng Decisioun geholl huet de 27. Oktober an eng Astreinte vun enger Millioun den Dag vis-à-vis vun deem Land ausgeschwat huet, bis datt eeben, wéi gesot, déi Onofhängegkeet vun der Justiz erëm hiegestallt ass.

An da si mer natierlech ganz séier bei dem Rechtsstaatsmechanismus. Polen huet jo u sech 36 Milliarden zegutt iwwert de Wee vum Plan de relance. An elo ass jo dann d'Iwwerleeung, fir dann, wa Polen eeben déi Sanktioun, déi elo ausgesprach ginn ass, net respektéiert, datt déi Suen da sollen ofgehal ginn. D'Europäesch Kommissioun ass jo elo nach e bësse méi virsiichteg do. Wat jo awer e ganz erstaunleche Virgang ass, datt d'Europaparlament u sech elo praktesch e Prozess géint d'Kommissioun declenchéiert huet. Ech mengen, dat ass jo och e Virgang, dee jiddefalls um legislative Plang ganz aussergewöhnlech ass. An dowéinst muss een och elo mol ofwaarden. Den Här Didier Reynders, dee jo den nächste Méindeg bei eis op Besuch ass, deem huet jo ugekënnegt, e géif elo Mëtt November a Pole fuere fir ze kucken, wat bei deenen Diskussiounen dann erauskënt.

Et spiert een allerdéngs och, datt et ëmmer méi Länner gëtt, déi de Polen de Réck stäipen. An dat ass natierlech och net onbedéngt ganz positiv fir d'Entwécklung vun der Europäescher Unioun.

Da si mer awer och ganz séier bei engem Land, wat eis och vill Suerge mécht um Niveau vun der Europäescher Unioun, dat ass Ungarn. An ech mengen, et muss een den Här Orbán emol drun erënneren, wat viru 65 Joer a sengem Land lass war, iwwregens praktesch op den Dag. Dat huet sech zwar e puer Wochen higezunn. Do si jo sowjetesch Panzer duerch Ungarn gerullt, virun allem duerch Budapest, mam ...

(*Interruption*)

... genau, mam Resultat, datt 2.600 Doudeger waren. Wat nach méi war: Dausenden an Dausende Leit aus Ungarn si geflücht. A wou si se hiegeflücht? Ma iwwer 40 Länner hunn deemools ungaresch Flüchtlingen opgeholl, och Lëtzebuerg. A wat stelle mer haut fest an Ungarn? Den Här Orbán, deem iwwregens grouss ginn ass duerch eng Ried, déi en 1989 gehalen huet, wéi posthum d'Helde vun 1956 du geéiert gi sinn. An do huet hien eng grouss Ried gehalen, e war deemools e jonke Member vun der Fidesz-Partei. Mee et ass awer erstaunlech, datt just haut, ënnert deem Regimm, am Fong geholl eng negativ Attitüd vis-à-vis vu Flüchtlingen ageholl gëtt. Dowéinst wier et vläicht besser, et géif een dem Orbán dat nach eng Kéier an Erënnerung rufen, dee jo d'Geschicht vun Ungarn mat Sécherheet besser kennt wéi ech. Mee trotzdeem soll en dat awer net vergiessen, wat mat sengen eegene Landsleit viru 65 Joer geschitt ass.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Wat och erstaunlech ass, dat ass, datt schonn de 15. September 2015 eng Mauer opgeriicht ginn ass. Et ass erëm eng Mauer opgeriicht ginn! Zwar net aus Bëton, mee 150 Kilometer laanscht déi serbesch Grenz huet Ungarn eng Mauer opgeriicht vun dräi an engem hallwe Meter Héicht. Firwat? Mee fir datt eebe keng Flüchtlinge sollen an hiert Land erakommen!

A vun ufangs dëses Joer u si 50.000 Flüchtlinge vun Ungarn einfach esou zrëckgehal ginn, zrëckgewise ginn, wat jo am Fong och contraire ass zu der europäescher Legislatioun. Wat natierlech dann och erstaunlech ass, dat ass, datt elo schonn zwielef EU-Staaten a sech den Ungaren de Réck hei stäipen, ënner anerem Dänemark, Zypern an Éisträich.

Da si mer natierlech och séier bei engem Mann, deem de Moment d'Muskele ganz haart spille léisst vis-à-vis vun der Europäescher Unioun, dat ass den Här Lukaschenko aus Wäissrussland. Dat ass inakzeptabel, wat sech elo do ofspillt!

Den Här Lukaschenko, dee léisst elo afghanesch an iranesch Krichsveterane kommen, dat muss ee sech emol virstellen, fir déi op d'Grenz laanscht Polen ze positionéieren, datt déi gegebenefalls do kënnen attackéieren. Jo, dat si jo awer Entwécklungen, déi kënnen mer net méi einfach esou nokucken. An et ass evident, datt och Länner, an ech mengen, do muss een awer da Polen a Litauen duerch en anere Brëll kucken, datt déi natierlech do elo net

méi kënnen nokucken, datt se praktesch elo den Ausnamezustand ausrufen.

Da si mer natierlech ganz séier bei der Diskussioun: Wéi solle mer als Europäesch Unioun do reagéieren? Ech soen dat och ganz kloer hei: Natierlech muss och e Grenzschutz fonctionéieren! Natierlech muss och d'Europäesch Unioun derfir suergen, datt net, wéi soll ech soen, ongefiltret Leit kënnen an d'Europäesch Unioun erakommen. Mee et däerf een net vergiessen: Egal, wie kënnt, et sinn nach ëmmer Mënschen, an et huet een nach ëmmer eng Verpflichtung vis-à-vis vu Mënschen, fir déi och mat Dignitéit ze behandelen!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Déi zwielef Länner, déi eeben och elo do de Secours duerstelle vun Ungarn quasi, och déi däerf een natierlech net ignoréieren. An ech weess, datt dat natierlech d'Europäesch Unioun an eng Zwéckmillche bréngt. Wéi soll se elo an Zukunft reagéieren? Ech mengen, eppes ass kloer, an den Här Yves Cruchten wäert och an deem Sënn nach eng Motioun hei deposéieren: Frontex huet net onbedéngt brilléiert, fir net méi ze soen, virun allem an Ungarn. An Ungarn hu se sech einfach zrëckgezunn. Iwwert déi aner Saachen, déi bekannt gi sinn, wëll ech mech elo net hei ausloossen. Mee eppes ass kloer: Mir brauche Frontex! Mee mir brauche vläicht e verbesserte System, wéi Frontex da soll fonctionéieren. A mir kënnen, wéi gesot, als Europa net einfach esou nokucken.

Wat engem awer och muss Suerge maachen, dat si verschidden Aussoen iwwer europäesch Institutiounen. An do mierkt een och, datt an der Press zum Beispill den Europäesche Geriichtshaff nawell gäre vun Einzelnen, och vun héichrangege Politiker, kritiséiert gëtt.

Et däerf een net vergiessen, datt den Europäesche Geriichtshaff, dee jo all Joer eng ronn 600 Question-préjudiciellë kritt, jo kee politeschen Acteur ass, och wann dat vun Einzelnen heiansdo gär sou duergestallt gëtt. An natierlech huet den Europäesche Geriichtshaff zënter dem Acte unique och eng aner Roll ze spillen. Et si ganz aner Themen opkomm. Ech denken erëm eng Kéier virun allem un d'Migratioun.

An déi Länner, déi elo natierlech mengen, si bräichte sech net der europäescher Gesetzgebung ze ënnerwerfen, mee déi national Gesetzgebung misst an Zukunft ëmmer méi priméieren, déi wëll ech emol drun erënneren, wat se 2007 ënnerschríwen hunn, 2007, d'Deklaratioun 17 vum Traité vu Lissabon, déi solle se mol nach eng Kéier liesen. Do steet awer ganz kloer dran, datt d'EU-Recht iwwert dem nationale Recht steet. An duerfir sollen déi vläicht e bësse méi virsiichteg sinn.

Da wëll ech och drun erënneren, do gëtt et en Arrêt vun 1964, dat war den Här Costa géint ENEL. ENEL, dat ass den Zesummeschluss vun den italieeneschen Energieproduzenten.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - ENEL.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Gelift?

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - ENEL.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - ENEL jo, ENEL. Mee dee bitt am Fong geholl d'Basis vun dem ganzen europäesche Rechtssystem. Dat soe jo net ech, ech sinn do e Laien a guer kee Spezialist, ëm Gottes Wëllen. Mee ech beruffe mech hei zum Beispill op en Interview, deem den Här Koen Lenaerts ginn huet - dat ass de President vun Europäesche Geriichtshaff - am „Les Échos“ vum leschten 29. Oktober. An dee seet ganz kloer, ouni deem Arrêt vun 1964 géif d'Europäesch Unioun, esou wéi mer se haut kennen, iwwerhaupt net existéieren. Bon.

An duerfir, dat soen ech ganz éierlech, muss een awer och e bëssen enttäuscht sinn, wann dann, an et ass vläicht net esou ganz diplomatesch, mee ech si jo net Minister, duerfir hunn ech jo e bësse méi Fräiraum, fir eppes ze soen ...

(*Interruption par M. Fernand Kartheiser*)

O, ech mengen, dat erlieft Der net, Här Kartheiser! Mee datt ee Mann wéi den Här Michel Barnier, deem ech bis dato héich respektéiert hunn an deem, ech mengen, do si mer eis alleguer eens, awer eng ganz gutt Roll gespillt huet als Chefënnerhändler vum Brexit-Dossier, datt grad esou e Mann awer elo op eemol och op d'Iddi kënnt, datt haaptsächlech an der Migrantefro misst dat nationaalt Recht priméieren. Dee seet: „Jo, Bréissel brauch sech net ze wonneren, well hir Bos dréit derzou bäi, datt et vläicht nach zu zousätzlechen Austrëtter aus der Europäescher Unioun kënnt.“ Dat seet e Mann, deem nach virun e puer Méint hei souz an déi europäesch Wäerter verteidegt huet.

An ech fannen, da soll een awer - well mir wësse jo hoergenee, firwat datt déi Aussoe gemaach ginn, en vue vun de Presidentewalen a Frankräich -, mengen ech, de hei soen, datt déi Aussoen net onbedéngt derzou bäidroen, fir d'Europäesch Unioun nach ze festegen.





Dat Feindbild Bréissel jiddefalls weider ze promulgéieren, dat ass Waasser op d'Mille vun de Populisten. Méi ass dat net. Da wësse mer och, wat do duerch entsteet, well dann ass d'Europäesch Unioun e weerlose Gigant, wa se souguer net vun hiren eegene Memberstaaten ënnerstëtzt gëtt.

An da schwätze mer jo ëmmer vun der „closer union“, wat d'Europäesch Unioun ubelaangt. Jo, wat heescht dat da schlussendlech? Heescht dat gemeinsam Scholden? Heescht dat gemeinsam Wafen? Heescht dat gemeinsam Grenzmaueren? Och domat muss ee sech vläicht dann eng Kéier méi am Detail auserneesetzen.

Da si mer natierlech och bei der gemeinsamer Aussepolitik an der gemeinsamer Verteidigungs politik. Sécher, mir wëssen, datt et do eng ganz Rei Schwächte gëtt, besonnesch, wat d'Verteidigungs politik ubelaangt. Et kéinnt natierlech och ëmmer erëm d'Fuerderung vun enger europäescher Arméi. Ech mengen, déi Illusioun soll een de Moment emol net méi promulgéieren. Mee dat wëllt awer net verhënneren, datt ee kann op europäeschem Niveau, wat d'Verteidigung ubelaangt, vill méi enk zesummeschaffen, haaptsächlech zum Beispill déi grouss Arméien, datt se sech awer op änlech oder gemeinsam Systemer kënnen eenegen.

Ee vun deene grouse Befürworter vun enger europäescher Arméi, oder virun allem méi enger enker Zesummenaarbecht, ass jo den Här Emmanuel Macron, de franséische President, wou ech dann elo gespaant sinn - Frankräich iwwerhëlt jo mam éischte Semester elo d'Presidence -, wat da seng Virstellungen do sinn.

Och den Här Joe Biden huet jo erkannt, datt et wichtig ass, datt mer um Niveau vun der Verteidigung mat der NATO zesummen natierlech och méi enk an Europa géifen zesummeschaffen.

Wa mer iwwer Europa schwätzen, wa mer iwwert déi negativ Punkte vun Europa schwätzen, da sinn ech awer nach wie vor der Meenung, datt, wann et Europa net géif ginn, d'Europäesch Unioun, da misste mer se schafen.

Da muss natierlech och d'Fro gestallt ginn, wéi Europa muer soll ausgesinn. Gi mer op d'Sich no neie Memberen? Am Prinzip schonn, firwat net, wann natierlech Memberstaaten oder zukünftg Memberstaaten do sinn, déi déi elementar Krittären - ech denken un d'Kopenhagener Krittären - géifen erfëllen. Da si mer natierlech séier um Westbalkan, wou mer enger Rei Länner awer Hoffnunge gemaach hunn: Serbien, Montenegro, Mazedonien, Nordmazedonien an Albanien zum Beispill.

Ee Kandidat war jo wierklech scho praktesch um Schrëtt, fir an d'Europäesch Unioun ze kommen. Leider war do am Ufank virun allem Griichenland dergéint, duerno Bulgarien. Dat ass Nordmazedonien. Mee do ass natierlech elo eppes geschitt déi lescht Deeg, datt awer warscheinlech d'Virstellung, datt Nordmazedonien eng Kéier, oder zumindest à court terme oder à moyen terme, an d'Europäesch Unioun kënn, net méi realistesch ass, well eeben do no de Walen de Premier, den Här Zoran Zaev ...

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*. - Zaev.

■ **M. Gusty Graas** (*DP*). - ... zrëckgetrueden ass. Dat ass natierlech keng gutt Noriicht fir d'Europäesch Unioun. An de Risiko ass eebe leider grouss, datt dann elo déi nationalistesch Partei VMRO erëm un d'Rudder kënn. An dann, mengen ech, dierften d'Verhandlung e vill méi schwiereg ginn, wa se iwwerhaupt nach géife stattfannen.

Wat d'Tierkei ubelaangt, ass d'Positioun vun der DP nach wie vor glaskloer: Fir eis kënn et am Moment absolutt net a Fro, datt d'Tierkei potenziellen EU-Member kéint ginn, ënnert deem Regimm, dee mer de Moment kennen, ass dat jiddefalls net realiséierbar.

De Moment leeft jo dann och déi grouss Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa, eng ganz gutt Initiativ - déi jo leider Retard krut eeben duerch d'Covidkris -, wou Lëtzebuerg eng ganz aktiv Roll spillt. Et gouf jo eng spezifesch Souskommissioun vun der aussepolitescher Kommissioun gegrënnt, déi jo och eng ganz gutt Aarbecht mécht a wou jo och eng Rei Initiative scho stattfonnt hunn. A wat gutt ass, dat ass, datt dës Kéier d'Politik u sech net den Haaptacteur ass, mee éischer an der zweeter Rei als Observateur sëtzt, an datt d'Plattform dem Bierger gehéiert, datt de Bierger d'Méiglechkeet kritt, seng Vuen, seng Visioun e vun Europa vu muer duerzeleeën. An déi sollen da vun der Politik herno analyséiert ginn an och duerchdiskutéiert ginn. Ech mengen, dat ass schonn dee richtge Wee.

Déi lescht Joren hu mer natierlech, wa mer iwwer Europa geschwat hunn, ëmmer iwwert de Brexit musse schwätzen. Ech hat gemengt, mir bräichten dëst Joer net driwwer ze schwätzen, mee ech fäerte ganz, net nëmmen dëst Joer, mee och déi nächst Jore wäerte mer nach verstärkt iwwert de Brexit musse schwätzen, well et muss een d'Realitéit kucken.

An dann ass natierlech ee Konflikt, deen elo déi lescht Deeg opgetaucht ass - do gesäit een, wéi séier datt aus Frënn op eemol Géigner ginn -, zwëschent Frankräich an England, wat dee sougenannte „Fëschereisträit“ ubelaangt, wou et ëm d'Coquilles Saint-Jacques geet. An et geet u sech jo praktesch nëmmen ëm zéng Schëffer. Mee et dierf een déi Symbolik net ënnerschätzen, déi hannert deem ganze Konflikt do stécht, dee jo nach net ausgestanen ass, deen awer jiddefalls beweist, wéi séier datt sech do kënnen Konflikter entwëckelen ausserhalb der Europäescher Unioun. An ech zitëieren hei zum Beispill d'Madamm Annick Girardin, déi franséisch Mieresministesch, déi sot: „Et ass kee Krich, mee e Kampf.“ A vill méi kloer war de Staatssekretär, den Här Clément Beaune, deen huet am „Figaro“ vum 29. Oktober gesot: « Maintenant, il faut parler le langage de la force parce que je crains que, malheureusement, ce gouvernement britannique là ne comprenne que cela. » Dat si jo awer scho Kraaftwierder! Wann awer schonn e Regierungsmember vun enger net onweesentlecher Natioun aus der Europäescher Unioun vis-à-vis vun engem fréiere Partner esou Aussoe mécht, da stécht scho méi derhanner.

Jiddefalls, mir sollen net frou sinn iwwert déi ganz Situatioun. Och net, datt elo an England éischt Problemer siichtbar sinn, a Groussbritannien, zum Beispill, wat d'Vesuergung ubelaangt, wat jo awer méi wéi warscheinlech d'Konsequenze vun engem Brexit sinn. Dat solle mer elo net schadenfroh op huelen. Nee. Dat mécht een net! Mee et beweist eppes. Et beweist vläicht awer anere Länner, déi mam Gedanke schwanger ginn, och vläicht eng Kéier aus der Europäescher Unioun auszetrieden, wat dat emol eng Kéier kéint fir si bedeuten.

An dann dierf een net vergiessen, datt mam ganze Brexit mer nach ee Problem hunn, deen och an der Luucht häng, dat ass den Nordirland-Protokoll. An och do huet den Här Johnson awer schonn eng Ausso gemaach, déi ze denke gëtt. En huet gesot: „Wa mer eis do net eens ginn, dann applizéieren ech, oder invoquéieren ech den Artikel 16 vun deem Protokoll, dee seet, datt ee kann unilateral dat kënnegen.“ Wat natierlech géif wäit goen a wat och géif ganz nei gréisser Problemer mat sech bréngen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht awer och nach e Wuert iwwer vergaange Walen, an zwar an Däitschland. Ech mengen, mir hunn an Däitschland d'Wale matkritt de leschte 26. September. Do zeechent sech jo of, datt déi selwecht Koalitioun entsteet - Här Kartheiser, dat wäert lech jo awer freeën -, wéi et se hei zu Lëtzebuerg gëtt.

(*Hilarité*)

Da sidd Dir jo besonnesch frou. An ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Ech kann elo net méi auswanderen.

■ **M. Gusty Graas** (*DP*). - Mee et ass jo nach net esou wäit. Et weess ee jo net, wat nach alles ka kommen.

Ech wëll just eppes hei soen: Ech mengen, fir eis als Lëtzebuerg ass et jo wichtig, datt mir awer déi Walen an och déi Regierungskoalitiounen do de près matverfollegen. Däitschland, naja, ech mengen, vun der Geschicht hier huet et eis jo vill Leed bruecht, mee, et muss een dat ganz éierlech soen, wat zënter 1957 e ganz verlässleche Partner - an de Minister weess dat vill besser wéi ech - vun der Europäescher Unioun ass a wat och mat Frankräich zesummen e bëssen de Motor, kann ee soen, vun der Europäescher Unioun ass. An och déi bilateral Zesummenaarbecht zwëschent Lëtzebuerg an Däitschland muss een einfach als exzellent duerstellen. Ech sinn iwwerzeegt, datt dat och an Zukunft wäert de Fall sinn. Wéi de Kurs vun Däitschland um Niveau vun der Europäescher Unioun ass ënner engem méigleche Bundeskanzler Olaf Scholz, muss sech erausstellen. Ech hunn awer do e relativ gutt Gefill, wat awer och net onwichtig ass.

Wa mer scho bei Wale sinn, ee ganz klengen Ausbléck awer och op déi franséisch Walen, ech hat se scho kuerz ugeschnidden. Do ass just ze hoffen, datt net en neie President Marine Le Pen oder Eric Zemmour heescht, well da kritt een elo scho Schüttelfrost.

(*Hilarité*)

Ouni sech elo ze vill an de franséische Walkampf anzemëschen, kënnen mir just hoffen, datt eng Persoun do den zwielfte President vun der fënnefter Republik gëtt, déi, op alle Fall, wat déi europäesch Attitüd ubelaangt, déi selwecht Gedanken an déi selwecht Iwwerzeegunge mat sech bréngt wéi den aktuelle President, den Här Emmanuel Macron.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bon, ech gesinn, ech muss e bësse kierzten hei. Ech wollt awer nach e puer Wuert iwwert de Klimawandel soen, wat natierlech och einfach net méi ewechzedenken ass vun enger Debatt iwwert d'Aussepolitik. Net nëmmen, mee awer och do virun allem. Glasgouw kënn jo e Freideg op en Enn. Iwwert déi definitiv Resultater kann ee sech nach net aus-

schwätzen, obwuel een och do net mat ze vill grousssem Optimismus erугоen an d'Erwaardungen méi realistesch gesi soll. Et sinn e puer Aussoe gemaach ginn, wou mer mol gespaant sinn, ob se dann och wäerten an noer Zukunft esou ëmgusat ginn.

Ech wollt just kuerz awer op ee Punkt hiweisen, deen engem awer immens ze denke muss ginn, an dat ass nämlech déi Ofholzungspolitik vu Brasilien am Amazonas. Et dierf een net vergiessen, datt iwwert d'Hallschent vum Amazonas-Gebitt op brasilianeschem Territoire läit. A wat sech do déi lescht Joren ënnert dem Här Bolsonaro ofspillt, dat ass jo awer inakzeptabel. An do mengen ech, datt déi international Gemeinschaft, an da si mer och direkt bei der Aussepolitik, misst aneschtens vis-à-vis vun engem Staat wéi Brasilie virgoen. Och do hu mer diplomatesch Méiglechkeeten. Mir hu gegebenefalls souguer ekonomesch Méiglechkeeten. Et kann net sinn, datt déi gréng Long, an et ass déi gréng Long vun der Welt, praktesch esou vun enger Persoun oder vun engem Regimm hei lues a lues zerstéiert gëtt! Well d'Spezialiste soen, an ech beruffe mech hei elo op eng Agence aus Brasilien, datt, wa bis 20 % definitiv zerstéiert wiere vum Amazonas-Bësch, da wier e gekippt. A mir sinn elo scho bei 17 %, 18 %. Et géif also net méi laang daueren. Zwar hunn d'Brasilianer elo e puer Aussoe gemaach, déi drop hiweisen, datt se sech och bewosst sinn, datt se muss mat där Ofholzungspolitik ophalen, mee do muss een awer nach ganz, ganz virsiichteg sinn.

Jiddefalls, wat Glasgou ubelaangt, ass et och ouni Zweifel eng Enttäuschung, datt ganz grouss Natiounen wéi China a Russland net mat hire Spëtzeleit do vertruede sinn, wat jo och munches ausseet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Debatt huet ouni Zweifel awer hir Berechtigung. An ech fannen, et ass och gutt, datt mer eis eemol d'Joer hei méi intensiv mat der Aussepolitik auserneesetzen, well et dierf een net vergiessen, datt och e klengt Land awer soll seng Aen opmaache fir déi grouss Problemer op der Welt. Grad mir als Lëtzebuerg! Wat wiere mir als Lëtzebuerg, wa mer net de Secours hätte vun deenen internationalen Organisatiounen, sief dat d'NATO, sief dat d'Europäesch Unioun, sief dat d'OSZE, an ech kéint der nach e puer opzielen. Duerfir, grad mir hunn all Interêt, déi Attitüd nach wie vor och an Zukunft ze weisen. Mir brauchen Alliiierter. Dat gëllt och op ekonomeschem Plang. Dat ass ganz sécher. Ech mengen, mir stellen eis immens gären ënnert de Prabbeli vun deene Groussen, wann et ëm d'Sécherheet geet. Mir kréie ganz vill. Mir sollen also och munches zrëckginn. Dat ass ouni Zweifel wichtig.

An dowéinst begrëissen ech och, datt mer et fäerdegbruecht hunn - an duerfir och Felicitatioun un lech an Äre ganze Staff -, datt mer elo e Sëtz am UNO-Mënscherechtsrot kréien. An do kréie mer jo dann och d'Méiglechkeet ze gestalten. Ech mengen, do si mer jo awer dann e vollwäertege Partner an deem Gremium. An do kënnen mer jo, grad op deene Gebidder, wou mir als Lëtzebuerg eis jo gäre promulgéieren an duerstellen an och zu Recht, haaptsächlech Mënscherechter a Klimaschutz, dann awer och wierklech eis Sprooch erwiehen an och derzou bäidroen, datt sech eppes vläicht zum Gudde kann an Zukunft doen, oder jiddefalls funktionéieren.

Et ass also wichtig, datt mer déi international Organisatiounen och an Zukunft als Lëtzebuerg ganz kloer ënnerstëtzen. Déi dierfen net zu engem Selbstläufer ginn. An do huet een heiansdo e bëssen d'Gefill, wéi wann dat schonn eng Selbstverständlechkeet wier, datt et eng Europäesch Unioun géif ginn. Et gëtt ganz gären drop gefacht. Mee et gëtt sech net mol e Gedanke gemaach: Ma wéi kënnen mer déi wichtig Organisatioun och an Zukunft nach méi stäerken? An ech adresséiere mech hei - ouni eng Kritik ze maachen - virun allem u jonk Leit, déi jo natierlech net de Besuch kënnen dozou hunn, well wéi si gebuer gi sinn, hat dat schonn alles eng gewëssen Entwëcklung hannert sech. An dowéinst muss een dat nach eng Kéier hei ënnersträichen: Et ass immens wichtig, datt virun allem an eise Schoulen och op d'Wichtigkeet vun deenen Institutiounen higewise gëtt, datt mer e Geschichts-unterrecht hunn, deen dat ganz kloer ervirsträicht, datt jiddwerengem dat bewosst gëtt. Besonnesch mir als Lëtzeburger Land - entschëllegt, wann ech mech ëmmer erëm widderhuelen op deem Punkt - hunn all Interêt drun, datt mer gutt, fest strukturiert international Organisatiounen hunn.

Ech wëll dann ofschléissend dem Ausseminister Merci soe fir säin Asaz, säi wierklech éierlechen Asaz, deen e ganz kloer hei zënter Jore scho mécht. An ech mengen, Dir sidd jo net nëmmen an der Europäescher Unioun den déngscheelsten Ausseminister, mee weltwäit och ënnert den Top Dräi, wann ech richtig informéiert sinn. An dat ass eng Leeschtung. Dat ass eng Leeschtung! Ech mengen, d'Demokratesch Partei steet hannert där Politik. Mir wëllen och hei ënnersträichen, datt Der ganz gutt encadréiert sidd vun enger ganzer Rei Diplomaten an anerem Personal queesch duerch d'Welt.

Mir hu jo elo héieren, datt Der eng nei Ambassade an Irland opmaacht, wat mer nëmme kënnen begrëissen. An et ass wichtig, datt mer esou Aushängeschëlter hunn, well oft gëtt jo e bëssen e verzerrten Image vu Lëtzebuerg dobaussen duergestallt.

A wann den Här Wiseler mengt - en ass zwar elo net heibannen -, datt mer e Premier hätten, deen elo net méi dobausse géif Lëtzebuerg an deem Mooss kënnen representéieren, dann iert e sech. Dann iert e sech ganz kloer! Dann hätt den Här Wiseler solle mol déi lescht Deeg a Woche verfollegen, wat fir eng Ënnerstëtzung den Här Bettel och krut. An datt den Här Bettel nach wie vor ganz gutt, ...

(*Interruption*)

... ganz, ganz gutt Relatiounen um internationalen Niveau huet. An ech fannen och, et soll een elo net schonn eng Persoun verurteelen, wou mol nach keen definitiiv Urteel gesprach ass. Dat, mengen ech, ass en allgemenge Prinzip. Waart emol of! A fir elo dowéinst hei ofzeleeden, datt den Här Bettel elo zu dësem Zäitpunkt Lëtzebuerg net kéint an deem Mooss verrieden, dat fannen ech schonn e bëssen onfair.

Ech soen lech awer trotzdem Merci fir d'Nolauschteren.

(*Brouhaha*)

■ **Une voix**. - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Graas. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

(*Brouhaha*)

■ **M. Yves Cruchten** (*LSAP*). - Ech lauschteren lech nach no, well et kéint jo nach spannend ginn!

Här President, ech wéilt och e bëssen do ufänken, wou den Här Graas elo virun enger Minutt opgehale huet, andeems ech dem, ...

■ **Une voix**. - Beim Här Bettel?

■ **M. Yves Cruchten** (*LSAP*). - ... nee, nee, beim Här Asselborn, andeems ech dem Här Asselborn Merci soe fir seng Ried gëschter. Ech wëll him haut dofir felicitéieren, dass en et fäerdegbruecht huet, an zwou Stonnen en Tour duerch d'Welt ze maachen. Esou stoung et haut an der Zeitung. An en huet et fäerdegbruecht, quasi alleguerten déi Problemer a Konflikter ze erwänen, déi mer am Moment an der Welt kennen. An déi Lëscht, déi gëtt am Moment leider net méi kuerz, mee déi gëtt vu Woch zu Woch a vu Joer zu Joer méi laang.

Ech hu virdrun och d'Kritik héieren, dass een net esou richtig weisst, wat d'Zilsetzung wier vun der Regierung. Abee, ech muss lech awer soen, ech kann déi Aschätzung net deelen. An et brauch een och just déi 44 Säite vun der Ried vu gëschter nach eng Kéier nozeliesen, da weess ee Bescheid.

Den Här Wiseler hat och drop insistéiert, dass Der schonn 18 Joer déi Funktioun bekleet als Ausseminister. An da géif ech och vläicht gäre vun där Geleeënheet profitéieren, fir lech emol Merci ze soe fir Ären Asaz. 18 Joer fir d'Lëtzeburger Land - ech fannen, Dir maacht eis hei zu Lëtzebuerg an och dobausse grouss Eier. An ech kann lech och soen: An deene ganz bescheidene Funktiounen, wou ech alt emol am Ausland ënnerwee sinn, ginn ech dacks op lech ugeschwat, Här Asselborn, an ech kréie quasi just Luef.

■ **Plusieurs voix**. - Très bien!

■ **M. Yves Cruchten** (*LSAP*). - Här President, wa mer an der Mënschheetsgeschichte ganz no hanne kucke ginn, da stelle mer fest, dass et d'Bedierfnis no Sécherheet war, dat déi éischt Mënschen derzou verleet huet, a Gruppen ze liewen an éischt Siidlungen ze bauen. Déi éischt Mënschen haten am Fong séier spatz, dass et besser ass zesummenzeliewen, an dass et och besser ass, een deem aneren an Nout bäizestoen a sech zesummen ze wiere géint Gefore vu baussen.

Zanterhier ass a bleift d'Sécherheet e Grondbedierfnis vun eis Mënschen. D'Sécherheet huet awer ganz vill Aspekter. Haut denkt ee vläicht als Éischt un Terrorismus oder u Kriminalitéit, mee dat ass natierlech vill ze kuerz gegraff. Eise Kolleg a Budgetsrapporteur Dan Biancalana wëllt fir säi Rapport den Aspekt vun der sozialer Sécherheet an der Sécherheet am méi breede Sënn ervirhiewen. Ech fannen dat en exzellente Choix, an ech freeë mech schonn drop, fir säi Rapport kënnen ze liesen, virun allem, well dat nach emol ervirhiewe wäert, dass et eis net just an eleng ëm déi repressiv Sécherheet goen dierf.

Am Artikel 6 vun der Europäescher Charta vun de Grundrechter steet net fir näischt, dass all Mënsch e Recht op Fräiheet a Sécherheet huet. An dass déi zwee Begrëffer vu Fräiheet a Sécherheet an engem Saz stinn, kënn och net vun ongeféier. Si brauchen een deen aneren, mee et ass un der Politik, fir déi néideg Balance ze fannen.

D'Sécherheet ass dofir en zentraalt Thema, wa mer vun eiser Aussepolitik schwätzen. De Fokus





aleng op d'Sécherheet, dat huet eis d'Geschicht gewisen, ass awer net ëmmer gesond a kann och emol kontraproduktiv sinn. Mee et ass awer och ze verstoen. D'Sécherheet vun eisem Land bedéngt eis Fräiheet, eis Souveränitéit an d'Ausliewe vun eise Wäerter.

Zejoert hat ech a menger Ried de Fokus op de Multilateralismus geluecht. An ech hat angangs vu menger Ried festgestallt, dass meng Kanner, oder d'Generatioun vu menge Kanner haut manner sécher opwiisst, wéi meng Generatioun dat konnt. Wéi ech jonk war, war d'Sécherheet virun allem als Schutz virum Kommunismus ze verstoen. Et war also zimmelech einfach. Mir haten eng méi oder manner stabill Sécherheetsarchitektur: de Weste géint d'Sowjetunioun. Dat war wuel net alles esou kloer an einfach, wéi mir dat deemools gefillt hunn. An nawell schéngt d'Welt vun haut méi komplizéiert wéi deemools.

Iwwert d'Zäit hu mer eis och aner Froe gestallt: Wie soll iwwerhaupt sécher sinn? Nëmmen d'Staaten an hir Grenzen oder awer de Mënsch? Fir d'LSAP ass kloer: Grad haut geet et net duer, just d'Staaten als Acteuren an den internationale Bezéiungen ze gesinn. De Mënsch huet seng Roll ze spillen. An et sinn och seng Sécherheet, seng Fräiheet, seng Rechter an och heiansdo säi Schutz, déi eis interpelléiere mussen.

Déi lescht Joren hu mer eng Rëtsch Evolutiounen an Tendenze gesinn, déi déi international Uerdnung opgemëscht hunn a souwuel nei Erausforderunge wéi Ongewësshheete mat sech bréngen a Saachen internationale Fridden a Sécherheet. D'Partnerschaften an d'Organisatiounen, déi fir Lëtzebuerg esou wichteg sinn, evoluéieren a mussen sech den neie Kontexter upassen, wéi zum Beispill d'UNO, d'Europäesch Unioun oder nach d'NATO.

Eis Sécherheet hänkt och vun der Standfestegkeet vun eiser Demokratie of a vum Ausliewe vun eise Wäerter, déi eis Fräiheeten an eise Wuelstand garantéieren.

Mee eis Wäerter sinn um Wackelen uechter d'Welt - mee och méi no heiheim an der Europäescher Unioun. Liberal an demokratesch Institutiounen gesi sech enger gewëssener Legitimitéitskris ausgesetzt, während autoritär Pouvoiren ëmmer méi Opdriff spieren.

An der Debatt iwwert d'Migratioun gesi mer ëmmer méi kloer, wéi verschidde Länner op eng Ofschotung drécken. Desinformatiounscampagnë probéieren, eisen Zesummenhalt opzeweechen, eis géinteneen auszuspillen. A leider geléngt dat hinnen allze dacks.

D'Technologie an d'Digitaliséierung hunn och en Impakt op d'Krichsféierung, op d'Waffentechnik, op d'Afflossnam an den internationale Relatiounen, op déi perséinlech a gesellschaftlech Sécherheet. Ech nenne just als Beispill d'Cyberattacke géint wichteg Infrastrukturen oder den Impakt vun de sougenannte soziale Medien.

Dozou kommen de Klimawandel, eng existenziell Erausforderung, a Pandemien, déi eis den Ament vill ofverlaangen an eis Welt op vill verschidden Aart a Weise beaflossen.

D'Onsécherheet huet haut also vill Gesichter. Eist Sécherheitsdenken ass net méi dat vu viru 60 Joer während dem Kale Krich, mee och net méi dat wéi virun 30 Joer während dem Triumphalismus vum Westen.

Här President, fir eis geet et net eleng drëms, d'Waffe verstommen ze loossen, mee et geet drëms, et de Mënschen ze erlaben, e wierdegt an e séchert Liewen opzebauen. Dat ass en enormen Defi; wéi mer op vill ze ville Plazen an der Welt gesinn: Konflikter verlafe sech, ginn net geléist, flamen op a killen erëm of, ouni dass een eng nohalteg Léisung a Siicht hätt. Hei kann ee sécher d'Beispill vum Bergkarabach nennen, awer och d'Siidlungspolitik vun Israel, déi de Konflikt mat Palästina verschärft.

Friddensaccorde sinn zwar ëmmer ze begrëssen, mee se si meeschtens extreem fragill. Ech erënnere zum Beispill un de Südsudan. Vill Leit leiden ënner Aarmut, Honger an och de Suite vum Klimawandel, der Oppressioun vun hirem eegene Staat an, ganz generell, den Ongläichheeten an der Welt.

An, jo, dat geet och eis zu Lëtzebuerg eppes un, well och eis Sécherheet hänkt an der Welt vun haut mat all deem zesummen. An dat och, well mer all zesummen an enger Schicksalsgemeinschaft liewen. Haut vläicht méi wéi jee.

Wa mer eis onsécher spiere wéinst Terrorismus, wa mer eis Suerge maache wéinst engem kranke Planéit, wa mer sécherstelle wëllen, dass d'Technologie genotzt ginn, fir d'Mënsche virunzebréngen an net, fir se klengzекреien, a wann d'sozial Medie genotzt ginn, fir eis ze connectéieren an net, wéi dat leider ëmmer méi de Fall ass, fir Haass ze verbreeën, da mussen mer eis derfir interesséieren, wat ronderëm eis an der Welt geschitt.

D'Lienen tëscht eisem Schicksal an deene Schicksaler vun de Leit am Myanmar, am Sahel, a Brasilien

schéngen dacks ganz wäit ewech, mee et mécht dës connectéiert Welt aus, dass mer dach matenee verbonne sinn. D'Pandemie weist eis dat nach eng kéier mat Nodrock.

Eng méi friddlech a sécher Welt mat manner Inegalitéite kënn och Lëtzebuerg zegutt.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Yves Cruchten** (LSAP). - Wéi solle mer eis Aussepolitik ausrichten, wuel wëssend, dass mer eigentlech als klengt Land begrenzte Mëttel hunn, fir eis an deem Kontext ze behaapten? Wou a wéi verdeedege mer eis Sécherheet? Dat ass vläicht net ëmmer kloer fir all Bierger: Wat dréit eisen Observatiounssatellitt zur Sécherheet bäi, wéi eis Zaldoten am Mali? Firwat sëtze mer 2022 am Mënscherechtsrot? Wéi brénge mer eis Interessen an eis Wäerter an Anklang?

Ech hunn zwar elo vill vu Sécherheet geschwat, mee eppes wëll ech awer nach ënnersträichen: Als LSAP si mer eis wuel bewosst, dass mer vermeide mussen, all Problem ze securiséieren, eis Aussepolitik nëmmen op sécherheetsfokusséiert Agendaeen ze riichten. Dat ass kontraproduktiv.

Mir hunn an der Vergaangenheet ze dacks gesinn, dass mer probéiert hunn, politesch Problemer mat militäresche Mëttelen ze léisen an ze vill op Sécherheitspolitik ze setzen. Och op EU-Niveau mussen mer d'Stëmm dofir sinn, dass mer keng reng sécherheetsbaséiert Agenda ustriewen däerfen. Zu Lëtzebuerg ass dat net de Fall.

D'3D-Approche vu Lëtzebuerg - also Developpement, Diplomatie an Defense - setzt net just op Sécherheitspolitik, fir de Fridden an der Welt ze garantéieren. Mir sinn eent vun de wéinegen OECD-Länner, deenen hire järeliche Budget fir Entwécklungszesummenaarbecht méi grouss ass wéi dee vun der Defense! An dat passt gutt op eng breet Definitioun vun der Sécherheet: Konditiounen schafen, fir dass Mënsche gutt liewe kënnen - net nëmmen d'Absence vu Konflikter.

Lëtzebuerg setzt aus fester Iwwerzeegung op de Multilateralismus, op eng Membership a verschiddenen Organisatiounen, mat deenen eis Stëmm méi zielt a méi gehéiert gëtt, wéi wa se eleng ënner 193 Länner wier. Dat ass d'UNO, déi am Fong d'Jarnéier vun der internationaler Kooperatioun soll sinn. Eng Jarnéier, déi am Moment awer vläicht e bëssi agerascht ass. An d'NATO, déi sech och nei opstellt, fir am Kontext vun haut pertinent ze bleiwen, mee virun allem natierlech och d'Europäesch Unioun, där hir Zukunft och eis Zukunft ass a matbestëmmt. Fir Erausforderungen unzegoen, déi keen eleng geléist kritt a wou mer, wann och heiansdo mat der Fauscht an der Täsch, mat deene schwätze mussen, mat deene mer eis net verstinn, gëllt et sech zesummenzedinn.

Dofir wëll ech a menger Ried och virun allem op d'Europäesch Unioun agoen, hir Roll an der internationaler Politik an eisem Wuelstand, an och kucken, wat fir Erausforderungen a Méiglechkeete sech fir Lëtzebuerg kënnen erginn.

Iwwert d'Zukunft vun der Europäescher Unioun ass den Usproch vun der EU kloer: doheem staark ze sinn an op der Weltbün e Wuert matzeschwätzen. Deen Usproch gëtt awer deels ënnergruwe vum de Strukturen an den Entscheidungsprozesser, de Meenungsverschiddenheeten, dem Manckem u politeschem a finanziellem Wëlle fir a verschiddenen Domänen och eng méi grouss Roll ze spillen. Dofir gëllt et ze klären, wou a wéi d'EU agéiere kann a soll.

Ech wëll op e puer Aspekter agoen, déi an eisen Ae wichteg si fir eis Sécherheet hei an de Fridden an der Welt, mee och fir de Schutz vun eise Wäerter. Dat ass en Theema bei der Konferenz zur Zukunft vun der EU. Eng Diskussioun, déi mir als Chamber och aktiv begleeten.

Mir hunn dofir eng Souskommissioun ageruff a mir sichen aktiv d'Gespréich mat de Bierger an der Zivilgesellschaft, fir iwwer hir Iddien a Virstellung vun enger zukünftger Unioun ze schwätzen. Mir sinn eis als Parteien och eens, dass dës Iddien an engem Rapport verschafft ginn, dee mer hei an der Plenièr wëllen debattéieren an duerno als eise Bäitrag op Bréissel schécken.

Ech appelléieren hei nach emol un all d'Leit, sech un deem Prozess ze bedeelegen. Wéi a wou een dat ka maachen, fënnt een um Internetsite vun der Chamber. An ech wëll och vun der Geleeënheet profitéieren, fir all de Parteien hei am Parlament Merci ze soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer an der Souskommissioun hunn.

Sécherheet garantéiere mer och duerch e soziaalt Europa, dat senge Bierger a schlechte Momenter zur Säit steet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Yves Cruchten** (LSAP). - Hei mécht eisen EU-Kommissär Nicolas Schmit eng wierklech gutt Aarbecht. Als Beispiller kann een d'Ëmsetze vum European Pillar of Social Rights Action Plan nennen, déi Europäesch Kannergarantie oder nach d'Propose fir e faire Mindestloun an der Unioun.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Yves Cruchten** (LSAP). - Et stelle sech och strateegesch Froe fir d'EU: Wéi muss se sech positionéieren, fir d'Sécherheet doheem ze assuréieren an de Fridden an der Welt ze promovéieren? Ka se dem Usproch vun enger geopolitescher Unioun gerecht ginn?

D'Eestëmmegkeetsreegel am Conseil op aussepolitische Froen huet eis scho méi wéi eemol schlecht ausgesi gelooss. Als LSAP hu mir eis derfir ausgeschwat, op de sougenannte „qualified majority voting“ ze setzen; och wa mer wëssen, dass mer dann heiansdo iwwerstëmmt wäerte ginn. Mir sinn awer iwwerzeegt, dass mer laangfristeg besser drun dinn, als EU reaktiv ze sinn, wéi op eise Veto ze pochen an d'EU weiderhin handlungsonfäeg bleift.

Dat geet natierlech net duer. Fir international eng Roll ze spillen, brauche mer e gemeinsame Projet, e politesche Wëllen, fir dass d'EU sech an der Welt behapte kann. Dat ass mat déi gréissten Erausforderung. An do gëtt et och keng séier Léisungen.

Vum strateegesche Kompass, deen am Moment ausgeschafft gëtt an 2022 adoptéiert soll ginn, däerfe mer eis, mengen ech, och net ze vill erwaarden. An nawell kann en awer d'Fundament gi vun enger eegener Visioun fir d'Sécherheet a vun der Defense.

D'Debatten iwwert d'Capacitéiten an d'Ausrichtung vun der EU sinn net nei, mee se si virun allem am Kader vun Truppenofzuch aus dem Afghanistan erëm méi an eise Fokus geréckelt. Ech huelen et och direkt virewech: Mir sollen och weider eng staark a gutt Bezéiung mat den Amerikaner halen! Op verschiddenen Aspekter wäerte mer eis ni ganz eens ginn, egal wien do President ass. An dat ass a mengen Aen och gutt esou. An nawell wiere mer schlecht beroden, den USA de Réck ze dréien.

Wat mer awer gradesou kloer schéngt, ass, dass dës Relatioun net méi déi selwecht wäert si wéi an der Vergaangenheet. An dat läit och un den Amerikaner, déi hire strateegesche Fokus elo an den indopazifische Raum riichten an d'Great-Power Competition mat China als hir zentral Erausforderung gesinn. Dat bedeit och e Relevanzverloscht fir Europa an et huet eng Rëtsch Konsequenzen.

D'Amerikaner wäerte sech kaum méi bereeterklären, an der europäescher Noperschaft grouss Responsabilitéit ze huelen. Hir Roll als Sécherheitsgarant fir Europa wäert op d'mannst net méi esou am Vierdergrond stoen. A loosst mer och éierlech sinn: Och an der Vergaangenheet hunn d'Amerikaner an deene meeschte Situatiounen och d'Konditiounen diktiert. Dat hu mer deslescht beim Ofzuch vun den Truppen aus dem Afghanistan och nach eng kéier kloer gesinn.

A mir hunn och gesinn: Trotz zolitten Ausgaben an der Defense a méi Initiativen an der Sécherheitsan Defensspolitik wieren d'Europäer awer wuel net amstand gewiescht, selwer an eleng eng Operatioun am Afghanistan oprechtzehalen.

Als LSAP si mir weeder déi, déi soen, dass mer den Amerikaner blann iwwerall hannendrolafe sollen, nach si mer enthusiastesch Verfechter vu militärescher Oprüstung. Diplomatie a Preventioun mussen den A an O bleiwen, fir de Fridden an der Welt ze erhalen an d'international Sécherheet ze garantéieren.

(**M. Marc Spautz prend la présidence.**)

Mee mir sinn awer och realistesch genuch ze gesinn, dass den haitege Kontext Gefore mat sech bréngt, wann d'EU net selwer méi aktiv gëtt. An dat bréngt, nieft strateegeschen Diskussiounen, och d'Opbaue vu gewëssene Capacitéite mat sech. Dat soll wuel enk mat der NATO geschéien. Déi soll net ersat ginn, mee et muss vläicht eng Zort europäesche Pôle geschafe ginn, soudass Europa bannent der Allianz selwer agéiere kann.

D'Diskussiounen si jo nach amgaangen. Eng Diskussioun am EU-Conseil huet e vage Konsens ervirbruecht, dass ee souwuel méi strateegesch autonom soll ginn, wéi och e staarkt transatlantescht Bündnis ustriewe soll. Als LSAP wiere mir op alle Fall bereet, fir op e Wee ze goen, op deem Europa méi selwer maache kann a méi onofhängeg gëtt.

Ech hat et virdru scho kuerz ugeschwat a kommen och net derlaanscht, et nach eng kéier ze thematiséieren: den - jo, kommt, mer soen et - Desaster am Afghanistan, wou e puer symbolträchteg Biller dee ganzen Narrativ vun 20 Joer Interventioun a just e puer Deeg komplett zerstéiert hunn! An dat huet eis nach eng kéier eis eegen Illusiounen a Feele viru Ae gefouert. Et muss haut och e Moment vun Deemut sinn.

Mir mussen erkennen, dass eis extern militäresch Interventiounen eleng e Land a seng Gesellschaft net nohaltig ëmbauen an op e bessere Wee féiere kënnen. Mir mussen eis agestoen, dass mer d'Situatioun um Terrain net richtig ageschat hunn; wat och dru loun, dass mer eis schwéiergedoen hunn, eis éierlech domadder ausenanerzesetzen. Mir kënnen elo nëmmen alles dofir maachen, dass mer de Mënschen am Afghanistan esou gutt wéi méiglech

hëllefen. Déi gesellschaftlech Fortschrëtter, déi mer duerchaus erreecht haten, dass mer déi op d'mannst fir verschidden Afghanen esou gutt wéi méiglech erhalen an ënnerstëtzen. An zesumme mat der internationaler Gemeinschaft, an notament der Europäesch Unioun, Afloss an Drock op d'Taliban ausüben, wou et nëmme geet, och fir dass Afghanistan net erëm e Refuge fir all Zort vun terroristeschen Organisatiounen gëtt.

Virun allem mussen mer awer aus deenen Erfarunge léieren, fir eis zukünfteg Politik anescht ze gestalten an erëm op méi Diplomatie, Preventioun an och Entwécklungszesummenaarbecht setzen. Mir mussen probéieren, op internationalem Niveau eng Architektur opzebauen oder ze retabléieren, déi et erlaabt, Konflikter zesummen unzepaken.

De Sécherheitsrot vun der UNO war leider an der Lescht ëmmer erëm paralyséiert. Aus Erfarunge léieren, gëllt sécher och fir dat, wat déi aktuell Pandemie ugeet. Et ass schonn dacks gesot ginn, mee et ass nach ëmmer wichteg, et ze rappelléieren: Mir mussen eis Resilienz stäerken an der Europäescher Unioun an déi wichteg Aarbechte begleeten, déi an der Weltgesondheitsorganisatioun lafen, fir d'Mënscheet an Zukunft besser op sanitär Krisen ze preparéieren.

An deem Kader ass et och wichteg, fir fir eng gerecht Verdeelung vun den Impfstoffer ze suergen an der Welt. Och dat mécht eis Welt am Endeffekt méi sécher.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Yves Cruchten** (LSAP). - D'Grënn, dass den UNO-Sécherheitsrot dacks handlungsonfäeg ass, fënnt een ënner anerem och bei Russland a China, déi bei wichtege Froe gäre Gebrauch vun hirem Vetorecht maachen.

Ech wëll dann och kuerz op eis Relatiounen mat dësen zwee ganz wichtege Acteuren agoen.

China stellt säi politesch a militärescht Gewicht ëmmer méi an d'Vittrinn: duerch seng „Belt and Road“-Initiativ, duerch militäresch Provokatiounen am Taiwan oder am südchinesesche Mier, duerch Tentativen, säi Gesellschaftsmodell a seng Technologien an Normen ze exportéieren. Als EU gesi mer - an, ech mengen, meng Virriedner haten et allen zwee scho gesot - China als Verhandlungspartner, als e wirtschaftleche Konkurrent an och als e systemesche Rival.

D'EU géif gutt drun doen, déi Relatioun méi nuanzéiert ze gesi wéi d'Amerikaner, och wa mer eis keng Illusiounen maache sollen, dass et einfach wier, gläichzäiteg kritesch ze sinn an och nach konstruktiv zesummenzeschaffen. Et wäert och schwéier ginn, wirtschaftlech a politesch Relatiounen auserneenzhalen, well dës zwee Sträng ëmmer méi aneneefléissen.

Wirtschaftlech Vernetzung kann eng Belaaschtung ginn oder eppes, wat kann ausgenotzt oder instrumentaliséiert ginn. Nei Technologien - Beispill 5G - hunn e méi direkten Afloss op déi national Sécherheet. Esou wäert et ëmmer méi schwéier ginn, sech onschëlleg ze ginn an op reng wirtschaftlech Relatiounen ze pochen, respektiv an den Technologiedebatten en diplomatesche Mëttelwee ze fannen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Yves Cruchten** (LSAP). - Do mussen mer eis och als Lëtzebuerg drop astellen - mir, déi jo relativ gutt Konnexiounen hu mat China.

Och d'Relatiounen mat Russland, déi duerch déi geografesch Proximitéit ëmsou méi wichteg sinn, sinn am Moment e bësse stiermesch. Desinformatiounscampagnë géint d'Europäesch Unioun, fir eisen Zesummenhalt ze ënnergruween, d'Vergäfte vun Oppositiounspolitikern, d'Ënnerstëtze fir d'Escapade vu Wäissrussland, de Konflikt an der Ukrain ... Also, d'Lëscht u Streidereien ass an der Lescht net méi kleng ginn.

An nawell war a sinn ech nach ëmmer der Meinung, dass ee mat jiddwerengem schwätze soll a muss. Engem de Réck dréien, léisst Raum fir Mëssinterpretatiounen a weidert Mësstrauen. Dat ka just mat klenge Schrëtt ufänken, vläicht uganks a multilaterale Foren. Grad mat engem Noper, deen a ville Krisen an eiser Noperschaft onëmgängelech ass, brauche mer eng besser Basis fir ze koexistéieren.

Wa mer vu Russland a vu China schwätzen: Déi hunn eng aner Opfaassung, wéi Gesellschaften funktionéiere sollen. Mir gesinn et mat eegenen Aen am Xinjiang, zu Hongkong, der deels totaler Iwwerwaachung oder och an der Aart a Weis, wéi Walen duerchgefouert ginn. Dat ass en anere Gesellschaftsmodell, deen och gären exportéiert gëtt, wéi mer et zum Beispill bei China gesinn an dee géint eis fundamental Opfaassung vun der Dignitéit vum Mënsch verstéisst. Do gi Rechter net op Basis vu Prinzippien accordéiert, mee duerch arbiträr Entschéedungen vum Staat. An déi Tendenz gesi mer ëmmer méi op der Welt.

De Respekt viru Mënscherechter ass dofir och eng Garantie géint Onstabilitéit. Mee d'Mënscherechter sinn ënner Beschoss. Virun allem a Krise-





situatiounen ass d'Situatioun dacks katastrophal: am Jemen, am Tigray, a Syrien oder nach am Aserbaidjan; fir der nëmmen e puer ze nennen.

Mir sinn houfreg drop, dass Lëtzebuerg vun 2022 bis 2024 am Mënscherechtsrot sëtze wäert an do säi Bäitrag fir d'Verbesserung vun de spezifesche Schicksaler vun de Mënsche ka leeschten. Mir felicitéieren dofir eisem Ausseminister Jean Asselborn an all senge Mataarbechter.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).** - A mir ënnerstëtzen och déi véier Prioritéiten, déi definéiert goufen: de Schutz vum Rechtsstaat a vun der Zivillgesellschaft, eng mënscherechtsbaséiert Approche zur nohalteger Entwécklung an der Klimaaktioun, en Engagement fir Gläichheet tëscht de Geschlechter a géint d'Diskriminatioun, a souwuel de Schutz wéi och d'Fërdere vun de Kannerrechter.

Mee domat kënn natierlech och eng gerechtfertegt Erwaardung, dass mir als Lëtzebuerg eng Virbildroll mussen anhuelen, dass Lëtzebuerg a sengen Aktiounen d'Mënscherechter an de Vierdergrond stellt. Mir hoffen, dass mer engersäits heiheem weiderkommen, zum Beispill wat e Liwwerkettengesetz ugeet. Awer och den Impakt vun eiser Finanzplaz op d'Mënscherechter muss mer am A behalen. Anerersäits awer och bannent der Europäescher Unioun - Stéchuert Rechtsstaatlechkeet a Polen oder an Ungarn.

Dat rezentst Beispill ass hei d'Urteil vum Tribunal constitutionnel a Polen. De Grondsaz vum Virrang vum EU-Recht gouf hei op eng flagrant Aart a Weis a Fro gestallt. E Grondsaz, deem sech all EU-Land d'ailleurs fräiwëlleg verschriwwen hat. Dës Entscheedung vum polnesche Geriicht huet politesch Ënnertéin a weist eng geféierlech Astellung, mat där Polen leider net eleng dosteet. Et kann een net decidéieren, wéi eng Reegelen een anhält a wéi eng desagreabel fir eng Regierung sinn - Stéchuert Pressefräiheet a Slowenien oder Rechtsstaatlechkeet an Ungarn.

Et sinn awer déi Grondreegelen a -wäerter, déi d'Vertrauen tëscht EU-Memberstaaten, mee och tëscht de Bierger an an d'EU iwwerhaupt erméiglechen. Ouni dëst Fundament wier d'EU keng richtig Unioun! Wat vläicht grad d'Zil vun dëse politesche Kräfte ass: eng aner Unioun, an där d'Nationalstaaten erëm méi ze soe kréien.

Dat ass aus eiser Siicht net am Interess vum der EU, a scho guer net am Interess vu Lëtzebuerg.

Mir sinn och defir, dass mer den Dialog sollen oprechterhalen. Mee iergendwann mussen och mir erkennen, dass en néierens hiféiert. Dofir setze mer eis defir an, dass déi aktuell Mechanismen och agesat ginn, fir mat esou Fäll vu Broch vun der Rechtsstaatlechkeet ëmzegoen. Ech nennen do de Konditionalitéitsmechanismus, d'Vertragsverletzungsverfahren.

Et geet och drëms, d'demokratesch Wäerter ze stäerken: d'Participatioun vun de Bierger, wéi zum Beispill duerch d'Konferenz zur Zukunft vun Europa. Dat däreif awer keng Ausnam sinn! D'Bierger an d'Zivillgesellschaft poche richtegerweis op méi Transparenz, Rechenschaft an och Matbestimmung op nationalem an europäeschem Plang. An dat muss mer hinnen do agestoen.

D'Migratioun ass en Domän, an deem mir eis Wäerter scho méi laang opginn hunn an deen ëmmer méi securiséiert gouf. Mee et geet och méi wäit. well eis Relatioun mat anere Länner ëmmer méi op Migratioun fokusséiert ginn, an dat op d'Käschte vun aneren, méi wichtege Aspekter nach. Ech soen net, dass mer net mat de Pays d'origine an/oder de Pays de transit iwwer Retouren oder de Kampf géint Schmuggler an esou weider no Léisung solle sichen, mee d'Migratioun däreif net eis Aussepolitik bestëmmen an och net dominéieren!

Ech géif souguer soen, dass déi Securisatioun net méi Sécherheet bréngt. Eng méi gereegelt Migration mat klore Prozeduren a legale Weeër géif um Enn fir béid Säite méi Sécherheet bréngen a géif déi irregulär Migration iwwer dacks extreem geféierlech Weeër reduzéieren.

D'Grondproblemer vun der europäescher Migrationenpolitik bleiwen ongeléist. Solidaritéit ass leider wéineg ze fannen.

Wann et och just eng Undeitung vu Migrationenbewegung a Richtung EU gëtt, brécht dacks eng Zort Hysterie aus. A verschide Länner fänken u sech ze iwwerbidde fir ze soen, dass si awer ganz sécher keng Leit ophuele wäerten an dass d'Grenzen uerdentlech geséichert mussen ginn. Dat hu mer och erëm ronderëm den Truppenofzuch am Afghanistan héieren. Wéi dacks hu mer do héieren, dass et keen „zweet 2015“ dierf ginn?

Natierlech solle mer, wéi d'EU-Kommissärin dat deemools gesot huet, och en Aen op Sécherheitsmenacen hunn, déi ronderëm d'Migratioun aus Afghanistan kéinten entstoën, mee et muss och kloer sinn, dass mer eis international Obligatioun wouerhuelen an d'Wäerter vu der Solidaritéit héichhalen. Wa mer eis esou déif an d'Situatioun vun

engem anere Land amëschen, da mussen mer och bereet sinn, herno en Deel vun de Konsequenzen ze droen.

Et gëtt fir eis ze vill op d'Securiséierung, voire eng Militariséierung vun de Baussegrenze gesat. Wat mech awer perséinlech besonnesch bestierzt, ass, dass vun ëmmer méi Plaze sougenannt „Pushbacks“ gemellt ginn - also, dass Leit, déi op eise Baussegrenzen an Europa erakommen, zréckgedréckt ginn. Waren et virun e puer Joer nach eenzel Berichter un de Grenzen tëscht Griichenland an der Tierkei, esou sinn et haut Meldungen aus Ungarn, Kroatien an elo och aus Polen. Dacks geschitt dat mat Brutalitéit. Mir liese kredibel Berichter vun onofhängegen ONGen, déi eis erzielen, wéi Leit niddergeknéppelt ginn oder nach vun Hënn gebass ginn.

Pushbacke sinn net méi Eenzelfäll, mee mir mussen eis agestoen, dass d'Pushbacken entre-temps e gesamteuropäesche Problem op eisen europäesche Baussegrenze sinn. Ech fannen, dass mer dat net toleréieren dierfen. Wien an Europa ukënn, huet d'Recht, fir eng Demande fir Asyl ze maachen - no deene bekannte Reegelen a Gesetzer. Dat Recht dierfe mer de Leit net ewechhuelen! A mir müssen déi Leit versuergen, wa se an Nout sinn. Wéi kéinte mer eis soss duerno als Europäer nach an de Spiegel kucken?

■ **Une voix.** - Genau!

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Ech begréissen dofir, dass eis Regierung, a virop och eisen Ausseminister, an dëse Froen ëmmer eng kloer Sprooch geschwat huet. Dat éiert eis ganz Land. Ech ginn och ganz gärn zou, dass et méi einfach ass, doriwwer ze schwätzen hei zu Lëtzebuerg, wou mer keng direkt Baussegrenzen hunn. Dat dierf eis awer net drun hënneren, dat Richtegt ze soen an dat Richtegt ze maachen.

Ech hunn an deem Sënn, Här President, och eng Motioun preparéiert, déi ech lech heimat géif iwwerreechen.

### Motion 2

*La Chambre des Députés,*

*- considérant une reprisé de la pression migratoire sur plusieurs frontières extérieures de l'Union européenne ;*

*- considérant l'instrumentalisation de migrants par la Biélorussie aux frontières européennes ;*

*- considérant le droit international sur la protection des droits fondamentaux et les obligations juridiques qui en découlent pour l'Union européenne et ses États membres, en particulier le principe de non-refoulement et l'accès effectif à une procédure d'asile ;*

*- considérant le rôle des Agences européennes, en particulier l'Agence des droits fondamentaux (FRA), l'Agence européenne des garde-côtes, et garde-frontières (Frontex) et le Bureau européen d'appui en matière d'asile (EASO) dans la promotion et la protection de ces droits fondamentaux ;*

*- considérant, la proposition de pacte sur la migration et l'asile présentée par la Commission européenne en septembre 2020 ;*

*- considérant le rapport du groupe d'enquête du Parlement européen sur Frontex du 14 juillet 2021, qui note l'absence d'indices que des agents de Frontex ont activement participé dans des « pushbacks » ;*

*- considérant les recommandations du même rapport adressées à l'Agence, le Conseil et la Commission européenne ;*

*- considérant les conclusions et recommandations de la décision de l'Ombudsman européen du 15 juin 2021 sur le fonctionnement du mécanisme de plainte de Frontex pour les violations présumées des droits fondamentaux et le rôle de l'agent chargé des droits fondamentaux ;*

*- considérant la stratégie des droits fondamentaux de Frontex, adoptée en février 2021 ;*

*- considérant que chaque État membre devra déployer davantage d'agents au corps permanent de Frontex ;*

*- condamnant les pratiques de « pushbacks » à plusieurs frontières extérieures de l'UE, remettant en question le principe de non-refoulement et l'accès effectif à une procédure d'asile ;*

*- préoccupée par les tentatives de plusieurs États membres de légaliser les pratiques de « pushbacks »,*

*invite le Gouvernement*

*- à continuer de suivre de près la mise en œuvre conforme du mandat de Frontex tel qu'il découle du règlement 2019/1896, particulièrement pour ce qui est des obligations en matière des droits fondamentaux ;*

*- à insister, à travers ses représentants au Conseil d'administration de Frontex, sur une mise en œuvre des recommandations formulées dans le cadre des rapports susmentionnés ;*

*- à assurer que ses agents détachés à des opérations Frontex soient formés à la dimension des droits fondamentaux ;*

*- à insister sur l'importance d'un automatisme en termes de reporting en cas de constats de violations des droits de l'homme ;*

*- à insister au niveau européen sur l'accès d'organisations humanitaires aux migrants poussés aux frontières européennes par le régime de M. Loukachenko ;*

*- à poursuivre ses efforts pour que la proposition du pacte sur la migration et l'asile intègre un dispositif de « monitoring » des droits fondamentaux pour les procédures appliquées aux frontières extérieures ;*

*- à insister, dans ses interactions avec les États membres de première arrivée, sur le plein respect du droit international aux frontières extérieures, particulièrement le principe de non-refoulement et l'accès effectif à une procédure d'asile ;*

*- à insister sur une implication des agences européennes compétentes dans les situations de forte pression migratoire aux frontières extérieures de l'Union ;*

*- et de plaider en faveur de la transparence et d'enquêtes impartiales par rapport à des violations constatées dans le cadre des opérations aux frontières extérieures.*

(s.) Yves Cruchten, Sven Clement, Stéphanie Empain, Gusty Graas, Claude Wiseler.

■ **M. Marc Spautz, Président de séance.** - Merci.

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Déi Motioun ass ënnerschriwwen vun den dräi Majoritéitsparteien, vun de Kollege vun de Piraten an och vun de Kollege vun der CSV.

Dobäi huet an dëser Fro d'EU eng Agence, déi eigentlech hei kéint a misst aktiv ginn. D'Agence Frontex gëtt awer den Ament net vu Polen sollicitéiert, fir op der Grenz auszuhëllefen. Schonn e bëssi kokass ass et, dass dës Agence hire Siège grad zu Warschau huet. Dat kann ee sech net ausdenken!

(Hilarité)

■ **Une voix.** - Dat ass richtig!

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Mir gesinn awer och, dass eis Sensibilitéit a Saache Migrationen d'EU ugräifbar mécht, zum Beispill an der Situatioun un der Grenz vu Polen, Litauen a Lettland, och duerch d'hybrid Krichsféierung vu Wäissrussland als Äntwert op d'EU-Sanktiounen, nodeems se a Wäissrussland d'Wale manipuléiert haten. Dat muss een natierlech staark verurteilen, well hei dacks vulnerabel Leit manipuléiert ginn a benotzt ginn, fir domat Politik ze maachen.

Vun engem Regimm wéi deem vum Här Lukaschenko, deen och Journalisten aus engem Fliager entféiert, kann ee wuel näischt anescht erwaarden. Dat Schlimmst ass, dass déi Rechnung och nach opgeet. D'EU steet schlecht do. Migrante stierwen, gi schlecht behandelt. A Pole ginn deelweis keng Hëlleforganisatiounen op d'Grenz gelooss. An et gëtt erëm Sträit an der EU, zum Beispill iwwert d'Opriichte vun engem Zonk; wat fir mech e katastrophalt Symbol wär. Et wonnert jo, dass besonnesch an deene Länner, déi virun hanner enger Mauer gelieft hunn, haut d'Fuerderung no enger neier Mauer kënn.

Jo, mir müssen agéieren. Mee kommt, mer maachen et mat enger Prise méi Sensibilitéit an enger Portioun manner Donald Trump!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).** - D'Grenzen zoumaachen, sech ofschotten, ass keng Léisung - weeder vun der Symbolik hier nach vun der Effikassitéit. Mir sinn houfreg, dass eisen Ausseminister seng Prinzippien a seng Wäerter net iwwer Bord gehäit, och wann an der Europäescher Unioun heiandsdo en anere Wand bléist.

Mam Klimawandel a sengen Effekter wäert d'Migratioun net manner ginn. An de Klimawandel wäert méi generell en Impakt op déi international Sécherheet kréien. D'Experten, déi am Kader vum World Climate and Security Report gefrot goufen, anticipéieren, dass all sécherheitsrelevant Klimaphenomeener bis 2031 eescht bis katastrophal Risiko mat sech bréngen. Virun allem Waasser, Ökosystemer, Gesondheet si Menacé fir d'national Sécherheet a ginn duerch de Klima ervirgehuewen.

Dat geschitt virun allem, wa Länner an hir Institutionen net kapabel sinn, d'Schocke vum Klimawandel ze geréieren oder ze absorbéieren, wat zu Onstabilitéit vu Staaten an och vu Gesellschaften féiere kann. De Klimawandel ass e sougenannten „threat multiplier“, dee fragill Situatiounen a Risiko verstärke wäert a gläichzäiteg nei sozial Tensiounen generéiert. Et kann een och net just vun nationaler Sécherheet schwätzen. Et geet hei ëm kollektiv Sécherheet an enger Welt, déi ëmmer méi fragill ass a matenee verbonnen.

D'global Tensiounen kéinte méi schaarf ginn, wa Länner driwwer streiden, wéi een de Kampf géint de Klimawandel acceleréiere kann; zum Beispill a Saache Reduktioun vun den Zäregasen. Dat hu mer deels och op der COP26 zu Glasgow gesinn.

Et kann och iwwergrenzlech Sträitpunkte verstärken an d'strategesch Kompetitioun, zum Beispill an der Arktis, verschäerfen. Et wäerten och Länner vun der Ëmstellung op Technologien, déi op erneierbaren Energie baséieren, herno dervu profitéieren, wa se sech als Leader placéieren.

China kontrolléiert zum Beispill vill vun de Produktionscapacitéiten vum Kobalt, dem Lithium an anere Mineralien, déi an de Batterie fir elektresch Autoe gebraucht ginn. A wéi esou dacks sinn et déi, déi am wéinegsten hunn, fir de Klimawandel ze bekämpfen, déi am éischte betraff wäerte sinn.

Mir gesinn et grad: Energiesécherheet muss besser garantéiert ginn, fir d'Wirtschaft a fir d'Bierger, mee och fir déi ganz gréng Transitioun ze ënnerstëtzen. Déi aktuell héich Präisser hunn dofir och eng wichteg aussepolitesch a sécherheitsrelevant Dimension fir d'EU-Politik.

D'EU huet sech ambitiéis Ziler ginn: 55 % manner CO<sub>2</sub> bis 2030, Klimaneutralitéit bis 2050, an d'EU wëllt op erneierbar Energie setzen. Den European Green Deal an de Fit-for-55-Klima-Package gesinn eng ganz Rëtsch Moossname vir, fir dës Ziler kënnen ze erreechen. Mee d'EU ass, Estimatiounen no, global just fir manner wéi 8 % vun de globalen Emissiounen responsabel. Dofir mussen d'Efforten iwwert d'Grenze vun eise Kontinent erausgoen.

D'EU kann a soll sech international asetzen, an huet sech déi Ambitioun jo ginn, fir aktiv Klima- an Energiediplomatie ze bedriewen. Och fir Lëtzebuerg gëtt et do eng Roll bannent der EU, mee och doriwwer aus a senge bilaterale Partnerschaften a wirtschaftleche Missiounen. An och an eiser Entwécklungszusammenaarbecht, wou et ze begréissen ass, dass de Kooperationsminister viru Kuerzem eng Strategie zur Ëmwelt an dem Klimawandel presentéiert huet.

E Wuert nach zur Versuergungsécherheet: D'Thema vun der Versuergungsécherheet betrëfft awer bei Wäitem net just de Gas oder d'Energie, mee ass méi generell. Zanter dem Ufank vun der Pandemie, wéi et u Gesondheetsmaterial gefeelt huet, si mer ëmmer erëm mat gewëssene Penuriën an Enkpäss konfrontéiert ginn.

Eis Ofhängegkeet vu verschiddene Länner a verschiddene Secteuren an d'Fragilitéit vum globaliséierte Kapitalismus hunn eis, zu Recht, derzou gedriwwen, de Status quo ze hannerfroen. Déi Diskussiounen iwwert d'strategesch Autonomie, d'Regionaliséierung an d'Diversifizéierung vun de Liwwerketten, Handelsaccorden an den Opbau vun neien Industrien an Europa mussen mer an deenen nächste Méint a Jore weiderféieren an och do dee richtigen an néidegen Equilibre fannen.

Här President, um Enn vun esou enger Ried wëllt ee jo ëmmer probéieren, eng Konklusioun ze zéien. An eigentlech hat ech dës Konklusioun schon aganks vu menger Ried gezunn. Ech kann hei dat bekannt Zitat vum Benjamin Franklin beméien: „Wie bereet ass, seng Fräiheet opzeginn, fir Sécherheet ze gewannen, wäert um Enn béides verléieren.“

Eis Grondfräiheete stinn an direkter Relatioun mat der Fräiheet vun aneren, mee eeben och mat der Sécherheet. An eis Sécherheet als Land, an déi vun de Mënschen, déi garantéieren mer am beschten, andeems mer weiderhin op de Multilateralismus setzen an op déi international Zesammenaarbecht: ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).** - ... wa mer eis Engagementer, wéi déi zum Beispill am Kader vum Paräisser Klimaaccord, och respektéieren, wa mer eis Wäerter net an d'Täsch stiechen, wann et eis op eemol net méi arrangéiert, mee se héichhalen, wann zum Beispill d'Rechtsstaatlechkeet a Gefor ass oder wann duerch Desinformatioun Sträit gestreet gëtt, an net zulescht wa mer an all eiser politescher Aktioun, ob hei zu Lëtzebuerg oder och an der Welt, déi néideg Portioun Humanismus behalen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Här President, ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech iwwerreechen lech nach déi generell Motioun, déi och ënnerschriwwen ass vun de Kollege vun de Majoritéitspartei wéi de Kollege vun de Piraten a vun der CSV.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

### Motion 3

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la sécurité internationale continue d'être menacée par une grande variété de risques et que de nouveaux défis et menaces, tels que le changement climatique, la cybercriminalité, la désinformation ou les pandémies se rejoignent aux conflits classiques ;*





- estimant dans ce contexte sécuritaire qu'un système multilatéral et une coopération internationale forts, avec les Nations Unies au centre, sont essentiels ;

- estimant que l'Union européenne forte et unie joue un rôle primordial dans le système international, notamment dans la défense des valeurs fondamentales ;

- considérant que l'Union européenne et l'OTAN doivent se doter des moyens pour faire face aux défis sécuritaires du futur et qu'elles jouent des rôles complémentaires dans ce contexte ;

- se félicitant de l'élection du Luxembourg, pour la première fois, au Conseil des droits de l'homme des Nations Unies pour la période 2022-2024 ;

- considérant que la pandémie de Covid-19 a montré que l'acquis de l'Union européenne, et notamment l'acquis Schengen et les quatre libertés de circulation, est fragile ;

- notant que les régions transfrontalières au sein de l'UE ont été les plus durement frappées par les restrictions temporaires de circulation ;

- estimant que la pandémie de Covid-19 ne sera vaincue que lorsque tous les habitants du globe auront accès à la protection conférée par la vaccination ;

- considérant que la gestion de la pandémie illustre la nécessité d'une architecture mondiale de santé robuste, sous l'égide de l'Organisation mondiale de santé, pour faire face aux prochains défis sanitaires globaux,

invite le Gouvernement

- à maintenir son engagement résolu en faveur du multilatérisme et de la coopération internationale à tous les niveaux et à poursuivre son soutien aux organisations internationales ;

- à œuvrer, au sein du Conseil des droits de l'homme des Nations Unies pour la promotion et la défense des droits de tous les êtres humains, en mettant en œuvre ses priorités de campagne pour la défense de l'État de droit et de la société civile, pour le développement durable et l'action climatique fondés sur les droits humains, pour l'égalité des genres et la lutte contre les discriminations et pour la protection et la promotion des droits des enfants ;

- à s'engager pleinement dans les travaux en cours à l'Organisation mondiale de la santé pour préparer l'humanité aux prochaines crises sanitaires, y compris à travers l'élaboration d'un Traité sur les pandémies ;

- à continuer ses efforts pour contribuer à une mise à disposition équitable du vaccin contre le coronavirus à travers le monde ;

- à contribuer à l'élaboration de la boussole stratégique de l'Union européenne et du concept stratégique de l'OTAN en veillant à une analyse équilibrée des menaces et des défis auxquels les deux organisations sont confrontées ;

- à veiller à ce que l'Union européenne tire les bonnes leçons de la pandémie du Covid-19, en renforçant la résilience et en investissant dans une reprise équitable et juste ;

- à contribuer à une meilleure prise en compte des vulnérabilités des communautés transfrontalières au sein de l'UE ;

- à défendre l'acquis Schengen et les libertés de circulation, et à contribuer à renforcer et à approfondir le Marché unique européen ;

- à continuer de défendre l'État de droit et les libertés fondamentales au sein de l'Union européenne ;

- à œuvrer pour la pleine mise en œuvre des engagements pris par les États parties de l'Accord de Paris à la Conférence COP26 de Glasgow pour lutter contre le réchauffement climatique.

(s.) Yves Cruchten, Sven Clement, Stéphanie Empain, Gusty Graas, Claude Wiseler.

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Merci, Här Cruchten. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Villmools merci, Här President. Här Minister, ech géif och gäre menge Virriedner scho Merci soe fir hir Iwwerleeungen an hir Bäiträg, ganz besonnesch och dem Här Cruchten, dass en esou insistéiert huet op de Volet Klimawandel, de Lien tëscht dem Klimawandel an der Sécherheet. Quasi als gudder Gréngen hutt Der alles gesot, wat do ze soen ass. Dat erlaabt mir haut, dann och e bësse manner an dee Bërich ze intervenéieren.

■ **Une voix**.- Frechheet!

■ **M. Charles Margue** (*déi gréng*).- Très bien!

(*Hilarité*)

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Net esou vill Komplimenter hei ...

Dir Dammen an Dir Hären, et ass déi drëtter Kéier, wou ech hei stinn, fir am Kader vun der aussepolitischen Debat fir eis gréng Fraktioun Stellung ze huelen. An iergendwéi gëtt een d'Gefill net lass, dass d'Situatioun ronderëm eis sech an där kuerzer Zäit rapid deterioréiert huet. Geopolitesch ass viles am Wandel. Eng mëttlerweil multipolar Welt, wou méi Géigner sech mëttlerweil ëmmer méi konfrontativ géigeniwwerstinn a wou besonnesch d'Rolle vu China an, zu engem gewëssene Mooss, och Russland am Wandel sinn.

Eis Weltuerdnung ass also am Wandel a gëtt warscheinlech zum Deel och just doduerch a Schach gehal, dass d'Globaliséierung d'Staate méi ofhängeg vunenaner gemaach huet. Allerdéngs ass et och eng Welt, déi eis och doduerch instabill erschéngt, well ee vill manner drop vertraue kann, dass Entscheidungen nach rational getraff ginn. D'Populiste sinn um Virmarsch. Allianze ginn ugezwéifelt. Autoritär Systemer versichen, hire Modell ze exportéieren an als Alternativ zur Demokratie ze etabléieren.

Am Global Democracy Index vun 2020 komme se och zur Konklusioun, dass déi global Demokratie weider am Ofwärtstrend ass. Mëttlerweil liewe just nach 8,4 % vun der Weltbevëlkerung an engem demokratesche Land, während iwwer en Drëttel an autoritäre Systemer liewe muss.

Esou negativ Zuelen huet de Global Democracy Index, deen et zënter 2006 gëtt, bis elo nach net kannt. Den internationale System ass domadder haut net méi dee selwechte wéi nach virun e puer Joer. An de Shift vu Kooperatioun zur Konfrontatioun ass relativ fléissend.

Eng Welt, an déi mat dem Wiessel vum President Trump op de President Biden zwar erëm bis zu engem gewësse Stabilitéit erakomm ass, mee wou awer nach enorm vill Froen opstinn a virun allem wou mer nach net bei engem „back to normal“ sinn. Warscheinlech wäert et dee „back to normal“ och net méi esou ginn, well d'Roll vun den USA an der Welt - gewollt oder ongewollt - och net méi déi ass, déi se emol eng Kéier war. A last but not least: eng Situatioun haut, an där eng Pandemie vill Problemer accentuéiert respektiv beschleunegt huet.

Wéi kënne mer eis erklären, dass sech esou viles an esou kuerzer Zäit esou dramatesch verännert huet? Et gëtt eng Partie Theorië vun den internationale Bezéiungen, déi versichen ze erklären, wiesou Staate kooperéieren oder eeben net, wéi d'Muechtverhältnisse funktionéieren, wéi Fridden entsteet a laangfristeg assuréiert ka ginn, awer och wéi fragill dee Fridden ass.

All deenen Theorië läit och eng Iwwerleeung iwwert d'Natur vum Mënsch zugronn. Ass de Mënsch à la base gutt oder ass e schlecht? Ass e just u Profit oder Muecht orientéiert? Wéi verschidde Staaten, hir Interessen duerchzesetzen? Wéi definéiere se dës Interessen? Wiesou kooperéiere se mateneen? A wat sinn d'Limite vun där Kooperatioun? Kooperéiert de Mënsch aus Iwwerzeegung eraus oder well en dervun ausgeet, dass en am Zesummeschloss mat Partner besser seng Interessen duerchsetze kann? A wéi eng Roll spille Wäerter an Emotiounen a politeschen Entscheidungsprozesser? Wéi vill dovunner baséiert op gesellschaftlechen Normen? Wéi vill dovunner sinn, ënnert dem Stréch, rational novollzéibar Entscheidungen? Wéi rational ass et, sech ofzeschotten, Wäerter iwwer Bord ze geheien oder Allianzen ze zerschloen?

Mëttlerweil muss ee wuel och relativ nei Phänomener matabezéien, zum Beispill d'Roll vun de soziale Medien an der Opinion publique. Wéi kënne Populisten, déi nei Kommunikatiounskanäl notzen, fir laangjäreg Acquisen auszehiewelen? Wéi kënne mer eis erklären, dass autoritär Systemer erëm verstäerkt opkommen? Wat bedeit dat fir d'Stabilitéit vun eiser Staatenuerdnung a fir eis Demokratien? Also dorunner unhängend och d'Fro: Wat bedeit dat fir d'Stabilitéit vun eiser demokratescher Uerdnung?

An dass dës Froe berechtegt sinn, weisen och rezent Beispiller, déi eis kënne Suerge maachen. E President Trump, deen duerch pure Populismus un d'Muecht komm ass, an do riicht weidergemaach huet, bis en d'USA ...

(*Interruption par M. Roy Reding*)

... bal un de Bord vun engem „failed state“ bruecht huet.

■ **M. Roy Reding** (*ADR*).- Den Här Trump ass gewielt ginn.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Den Här Trump ass gewielt ginn.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Nee?!

■ **M. Roy Reding** (*ADR*).- Ma dach!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Dach.

■ **M. Roy Reding** (*ADR*).- Den Här Trump ass gewielt ginn.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Jo, an ech soen, dass et ...

(*Interruption par M. Roy Reding*)

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Just d'Madamm Empain huet d'Wuert. Merci.

■ **M. Roy Reding** (*ADR*).- Faktchecking.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Jo.

(*Interruption*)

U, Dir ...

■ **M. Roy Reding** (*ADR*).- Mee dat wësst Der.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Also fir een, deen esou op Fakten ...

(*Interruption par M. Roy Reding*)

Nee, nee, ech schwätze grad. Fir een, deen esou op Fakte besteet hei, hutt Dir awer eng Tendenz, ganz weeneg op Fakten ze berouen, wann Dir ausgitt.

■ **M. Roy Reding** (*ADR*).- Den Trump ass gewielt ginn als President.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- An ech hunn näischt anescht ersot. Voilà! An de Rescht vun Äre Komplimenter kënnt Dir lech de Rescht vun der Zäit elo spueren ... Et ass léif. Merci.

Bon. Dass dës Froe berechtigt sinn, weisen och rezent Beispiller, déi eis kënne Suerge maachen. Ech widderhuelen et: E President Trump, deen duerch pure Populismus gewielt ginn ass ...

(*Interruption par M. Fernand Kartheiser*)

... an do riicht weidergemaach huet, bis en d'USA bal un de Bord vun engem „failed state“ bruecht huet.

(*Interruption*)

De Brexit, deen d'Resultat vun enger populistescher Campagne war, ...

(*Interruption par M. Roy Reding*)

... déi d'Leit deemools virun déi scheinbar einfach Fro ...

Här President, et ass elo eriwwer oder e kann eraus!

■ **Plusieurs voix**.- O!

■ **M. Roy Reding** (*ADR*).- Ech mengen, et muss ee soen, datt de Brexit ...

(*Brouhaha*)

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Nee ...

■ **M. Roy Reding** (*ADR*).- ... eng demokratesch Decisioun war.

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*).- E bëssen Anstand, wannechgelift!

(*Interruption*)

E bëssen Anstand!

■ **M. Roy Reding** (*ADR*).- Dat ass ganz einfach e Fakt!

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Wannechgelift, Här Reding.

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Här Reding, Dir hutt d'Wuert net!

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Här Reding, wann Dir lech nach wëllt androen an den Här Kartheiser léisst lech nach Riedezäit, kënnt Der dat gären maachen.

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Trump-Methoden hei!

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Mee elo huet just een d'Wuert an dat ass d'Madamm Empain.

■ **M. Roy Reding** (*ADR*).- Mir respektéieren einfach d'Decisioun vun engem aneren souveräne Vollek.

■ **Une voix**.- Voilà!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Sou, an da respektéiert Der elo mech a meng Riedezäit. Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- De Brexit, deen d'Resultat vun enger populistescher Campagne war, deen d'Leit deemools virun déi scheinbar einfach Fro gestallt huet: „Leave or remain?“ Ma do hannendrun hu sech awer Dausende vu kleng Froe verstoppt, op déi et einfach keng einfach Äntwerte gouf. Et ass nun emol leider esou, dass et op komplex Problemer net ëmmer einfach Äntwerte gëtt.

A wéi geféierlech et ass, komplex Froen op minimalistesch einfach a liichtverdaulech Äntwerten ze reduzéieren, dat gesi mer haut.

Groussbritannien huet wäertvoll Partner verluer. D'Versuergungssécherheet ass net méi duerchgeeënd garantéiert. An de Supermarché si reegelméisseg Deeler vun de Regaler eidel. Et feelt un Aarbechtskräften aus dem Ausland. Den Exportsektor, dee leit. D'Produktivitéit geet erof.

An ech maachen eng kleng Paus, fir de Leit hei riets ze erklären, dass ech doheem och zwee kleng Kanner hunn. An déi ginn ech och Meeschter. Elo geet et duer!

(*Hilarité*)

Bon.

Enn 2020 huet d'Unicef fir déi éischte Kéier a 70 Joer gehollef, a Groussbritannien lessratioune fir Kanner zur Verfügung ze stellen, well Milliounen Kanner ënner Ernährungsarmut leiden. Dat ass net de Kader vun engem Land, wat et gutt verkraaft kann, duerch den Austrëtt aus der EU säi Pro-Kapp-Akommens reduzéiert ze gesinn a staark Handelspartnerschaften op d'Spill ze setzen. Esou Constate sinn also och en Deel vum Kader, an deem mir eis haut beweegen.

(*Mme Stéphanie Empain se verse un verre d'eau.*)

Doropshin huele mer emol Waasser.

An dorobber musse mer och reagéieren, wa mer eis Acquisen net wëllen deenen iwwerloossen, deenen hir Virbillen scho fir vill Leed an Europa an anerwäerts op der Welt gesuergt hunn. Ech sinn dervun iwwerzeegt, dass et eng vun eise wichtegste Missiounen haut ass, derfir ze suergen, dass eisen demokratesche System geschützt gëtt. Et ass un eis haut, derfir ze suergen, dass jidderee sech bewosst gëtt, wat fir e Privileeg et ass, an enger demokratescher Gesellschaft dierfen ze liewen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Mir wëlle jo net an engem Europa liewen, an deem jidderee just no sech kuckt, an deem Wäerter keng Roll spillen an an deem den Austausch tëscht den Natiounen just op Mësstraue berout. Mir wëllen och net an engem Europa liewen, an deem Minoritéiten ëmmer méi ënnerdréckt ginn, an deem et keng fräi Press méi gëtt an an deem d'Politik sech an d'Justiz amëscht. Esou vill zu de méi allgemengen Iwwerleeungen, déi eis dëst Joer besonnesch beweegt hunn.

Ma et ass kloer, dass et, Stand haut, ze vill Konflikter gëtt: Afghanistan, Syrien, Belarus, China, Hongkong, Taiwan, Äthiopien, Armenien, Aserbaidjan, Libyen, Mali, d'Roll vum Iran, den Israel-Palästina-Konflikt, de Brexit, Frankräich-UK-Bezéiungen, d'EU-Tierkei-Bezéiungen, an ech kéint weidermaachen.

Wéi den Här Ausseminister gëschter scho gesot huet: D'EU ass kee Weltpolizist. Trotzdeem musse mer awer den Usproch hunn, eis fir Fridden an en ziviliséierten Ëmgang matenaner anzesetzen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Elo wësse mer awer, dass d'Europäesch Unioen sech oft immens schwéierdeet, hir Stëmm op der internationaler Bün geltend ze maachen. Et ass net, dass et un den diplomateschen Instrumenter feelt. De Volet Defense, dat ass eng aner Saach, do kommen ech herno och nach drop zrëck.

Mee allze oft sti mer eis eebe selwer an de Féiss - dat ass haut och schonn e puermol ugeschwat ginn -, well mer éiweg brauchen, fir eng gemeinsam Positioun ze fannen. An dat ass natierlech während enger Pandemie, wou physesch Treffen eng Zäit laang onméiglech waren, och net méi einfach ginn.

A mir wëssen, mengen ech, all, oder op d'mannst kann ee sech et virstellen, wéi schwéier et ass, Politik just digital ze bedreiwen. Et ass bal onméiglech, mateneen ze schaffen, e Konsens ze fannen, an de Couloire mateneen ze schwätzen, wann déi mënschlech Dimensioun feelt, well alles just online ofleeft. Dobäi kënnt nach, dass dës Pandemie d'Agenda jo och komplett beherrscht huet an nach beherrscht, obwuel et genuch aner dréngend Theeme gëtt, deene mer eis dréngendst widme missten - sief dat op EU-Niveau, sief dat um internationale Plang.

Covid huet eis awer och eis Limitte virun Ae gehalen. Eis Liwwerkette sinn agebrach. Verschidde Secteuren hunn haut nach Schwieregkeeten, sech mat Material ze approvisionéieren. An et ass evident ginn, dass mer eng méi resilient Wirtschaft brauchen an eeben och, dass mer iwwer eng strategesch Autonomie um Niveau vun der EU-Industrie mussen nodenken.

Dobäi geet et och drëm, eis Wirtschaft an eis Industrie ze stäerken, se ze ënnerstëtzen, fir dass se sech méi nohalteg opstelle kann. Mir musse sécherstellen, dass mir hei an Europa Aarbechtsplaz schaffen, déi Zukunft hunn. D'Zil soll et natierlech och sinn, eis domadder e strategesche Virsprong ze gi par rapport zu anere wichtige Standuerter, wou d'Produktionsstandarden ënner Ëmstänn nach sobal net wäerten nohalteg ginn a wou ganz oft Mënscherechter net respektéiert ginn, respektiv wou d'sozial Standarde quasi inexistent sinn. A mir dierfen net einfach ausblenden, dass mir e ganz groussen Deel vun eise Konsumgutter, déi mer hei consomméieren, eebe vun esou Standuerter bezéien.

A wa mer hei vu Liwwerketten a vu Mënscherecht schwätzen, da kommen ech net derlaanscht, och op de Volet vun dem Liwwerkettegesetz zrëckzekommen. An de leschte Méint ass de Sujet jo méi wéi eng Kéier ugeschwat ginn. An natierlech war



aus de jeeweilege Positionen och erauszehéieren, dass et ènnerschiddlech Opfaassung e gëtt, wat d'Sënnhaftegkeet vun enger nationaler Gesetzgebung - en attendant, dass d'EU an d'Gäng kënnt - eeben ubelaangt.

Dee Comité interministériel, deen hei schonn oft ugeschwat ginn ass, schafft um Dossier, befaasst sech justement mat der Fro vun der Opportunitéit, fir esou e Gesetz op nationalem Plang op de Wee ze bréngen. An aus eiser Perspektiv wär et absolutt förderlech, och op dee Wee ze goen.

■ **M. Charles Margue** (*déi gréng*).- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Schonn eleng dowéinst, well mer wëssen, dass esou Prozeduren op EU-Niveau relativ laang daueren. Huele mer zum Beispill de Règlement iwwert d'Konfliktmineralien, dee elo uganks vun dësem Joer a Kraaft getrueden ass: Do ass op EU-Niveau iwwer zéng Joer dru gedoktert ginn. A mer brauchen eis jo näischt virzemaachen: Grad op EU-Niveau gëtt natierlech Lobby géint esou e méi generell Liwwerkettegesetz bedriwwen.

Eng vun de Fuerderungen ass eeben, dass soll op d'Fräiwëllegkeet vun den Entreprisë gesat ginn, well - esou heescht et - et och am Interessi vun den Entreprisë wär, sech do Standarden ze ginn. Mee ech mengen, do kann een awer verschidden Douten hunn. Et geet net drëm, hei all Produzent ënner Generalverdacht ze stellen, mee ze soen: Duerch fräiwëlleg Mesurë kéinte mer de Problem kuerzoder, soe mer nach, mëttelfristeg Meeschter ginn.

Dat ass awer immens optimistesches. Dofir begrëisse mir et op alle Fall, dass den Här Asselborn gëschter och drop agaangen ass an dass en duerchblécke gelooss huet, dass béid Optiounen géifen am A behale ginn, an dass d'Optioun vun enger nationaler Gesetzgebung net um Dësch ass, falls sech sollt erausstellen, dass d'EU sech ze vill Zäit géif loosse, fir eng Proposition virzeleeën.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Wat eis an där Approche awer wichteg wär, dat ass, dass eis national Bestriewungen elo net „on hold“ gesat ginn an der Hoffnung, dass et eeben op EU-Niveau schnell virugeet. Ech mengen, da lafe mer nämlech de Risiko, dass herno näischt Opweises hunn, weeder national nach europäesch.

An hei géif ech och gären de Lien maachen zu eisem Mandat am UN-Mënscherechtsrot, wat mer elo 2022 untriede wäerten. An do wollt ech viwech och nach eis grouss Unerkennung ausdrécke fir dat Engagement vun eisem Minister a vun alleguerten de Beamten, déi do während Joren enorm vill Aarbecht investéiert hunn, fir dass dëst konnt Realitéit ginn.

Wéi den Här Ausseminister gëschter sot: D'Aarbecht fänkt elo erëischt richteg un. A mir wënschen natierlech alle Bedeelegten eng gutt Hand a vill Verhandlungsgeschéck an engem Kader, dee bestëmmt net ëmmer ganz, ganz einfach ass. Mee et geet jo drëm an där Erausforderung, eis eeben och fir eis Wäerter anzesetzen a se ze verteidegen, an dat oft an engem international ganz schwielege Kontext.

Zäitgläich menge mer an deem Kontext awer och, dass et e ganz positive Message wär, deen och kohärent wär, wa mer eis eeben och national géifen engagéieren, de Schrëtt hin zu engem Liwwerkettegesetz ze maachen. Dat géif eiser Glafwierdegkeet um Sujet jiddefalls net schueden.

Wat de Sujet vun de Mëscherechter ubelaangt, kéinte mer eis hei ganz laang driwwer ënnerhalen, well effektiv kommen dës op ëmmer méi Plazen op der Welt leider ëmmer méi ënnert d'Rieder. Ech wëilt an deem Kader gären d'Beispill aus Afghanistan opgräifen, well mer hei mat enger ganz, ganz uerger Situatioun konfrontéiert sinn. D'Leit sinn agespaart an hirem Land a se mussen ëm hiert Liewe fäerten. D'Beispiller heefe sech vu Fraen, déi ëmbruecht ginn, well se de Courage haten, sech fir hir Rechter anzesetzen. Fraen a Meedercher sinn aus dem ëffentleche Liewe quasi verbannt ginn. Den Accès zur Educatioun ass fir si quasi op null erofgefuert ginn. Fraen, déi vu Human Rights Watch interviewt gi sinn, soen aus, dass si wéi an engem Alldram grad liewen, dee vun haut op muer op si agebrach ass an deen hire ganzen Alldag elo bestëmmt. Si mussen quasi agespaart an hire Wunnenge bleiwen, aus Angscht virun den Taliban a wéinst de Restriktiounen, déi d'Taliban hinnen operluecht hunn.

Wie sech a sengem fréiere Liewe fir d'Mëscherechter agesat huet, gëtt verfollegt. Wie mat den Europäer oder den Amerikaner zesumme geschafft huet, ass och a Gefor. An do ass et dat Verständlechst vun der Welt, wann d'Leit versichen, sech an hir Familljen a Sécherheet ze bréngen. Nëmmen, dass et guer net einfach ass, iwwerhaupt aus dem Land erauszekommen, ganz besonnesch nodeems eeben d'Evakuéierlech elo net méi geflu ginn.

Dëst huet och zu enger total oniwwersiichtlecher Situatioun gefouert, wou eeben an enger éischter Phas emol déijéineg, déi et gepackt hunn, mam

Fliger ausser Landes ze kommen, zum Deel an anere Länner opgehollet gi sinn. Virun allem Länner wéi d'USA, Kanada oder Groussbritannien hu sech bereet erkläert, relativ grouss Contingenter u Mënschen opzehuelen. D'EU hirersäits huet sech an enger éischter Phas no den Evakuatiounen och op eng Zuel vu Mënschen, déi opgehollet gi sinn, kënnen eenegen; och wann dës Zuel hannert den Erwaardunge bliwwen ass.

D'EU wëllt och nach ëmmer virun allem drop setzen, d'Afghanen am Afghanistan selwer ze ënnerstëtzen, fir eng humanitär Katastroph ze verhënneren. Ech mengen, dat ass jo dat allermindest, wat ee muss maachen. Mir dierfe jo och net vergiessen, dass de Gros vun den Afghanen am Land selwer eeben op der Flucht ass. An déi meescht vun hinne sinn dréngend op humanitär Hëllef ugewisen. Ausserdeem sollen d'Nopeschlänner ënnerstëtzt ginn, déi Afghanen opgehollet hunn.

Mir kommen do natierlech och net derlaanscht feststellen, dass et der EU eebe justement schwéierfällt, sech op e gemeinsaamt Engagement ze eenege, fir méi Leit hei an Europa Schutz ze bidden. An do fällt et eebe méi liicht, mam Portmonni ze weedelen a Gelder un Hëlleforganisatiounen um Terrain oder un d'Nopeschlänner ze schécken, well domadder huet ee sech Zäit kaf. Zäit, an där d'Leit net innerhalb vun der EU mussen en charge geholl ginn.

A kee seet, dass all eenzelnen Afghan muss an Europa opgehollet ginn. Mee mir Europäer hu jo awer och eng Verantwortung. Och mir waren am Afghanistan involvéiert. Och mir hunn en Deel Verantwortung un deem Debakel, deen déi afghanesche Bevëlkerung grad duerchlieft.

D'Leit dohannen hu jorelaang fir méi Rechter gekämpft. Si hu mat dru geschafft, hiert Land nei opzebauen, obwuel si domadder hiert Liewen a Gefor gesat hunn. A mir hu si dobäi encouragéiert an hinne Schutz zougeséichert gehat. An duerfir dierfe mir si elo net am Stach loosse.

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Dofir géif ech dës Geleeënheet gären nach eng Kéier notzen, fir eiser Regierung a virop eisem Ausseminister ze felicitéieren a Merci ze soe fir hiren Asaz a fir hire Plädoyer fir méi Solidaritéit an Europa, ...

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- ... fir de Versuch, Europa erëm u seng Wäerter ze erënneren. An et ass a bleift fir mech onverständlech, dass een do als Ausseminister an enger Wäertegemeinschaft mat där Positionen eleng dosteet.

Ma deen einsame Kampf war awer net ganz ëmoss. Op lëtzebuergesche Interventioun hin huet jo Ufank Oktober en EU Resettlement Forum stattfonnt. Hei hate mer d'Hoffnung, dass sech awer nach e puer Länner géife fannen, déi bereet wären, vulnerabel Mënsche bei sech opzehuelen. Un deem Forum huet och de Filippo Grandi, dee jo gëschter hei zu Gaascht war, deelgeholl. An hien huet der EU d'Zuel vun ëm déi 42.000 Flüchtlinge genannt, déi vun der EU kéinten opgehollet ginn. Dëst iwwer eng Period vu fënnef Joer.

D'Memberstaate konnte sech leider net drop eenege, där Demande deen Ament zouzestëmme. Ma d'EU-Kommissärin huet duerchblécke gelooss, dass dat awer misst machbar sinn, iergendwann. An den Här Asselborn huet sech jo och gëschter optimistesches gewisen, dass mer dat missten hikréien.

Wa mer eis déi Zuelen awer elo konkret ukucken, et geet also drëm, nach eng Kéier ëm déi 42.000 Mënschen iwwer fënnef Joer duerch déi ganz EU ze verdeelen. Dat si keng enorm Zuelen. Do si mer wäit ewech vun deene Schreckenszuelen, déi an de Raum gehäit gi sinn an déi virun engem zweeten 2015 sollte warnen.

Mir hunn also hei eng ganz aner Ausgangsposition. Déi gréissten Angscht war et jo vun den Europäer, dass mer souzesoen d'Feeler vun 2015 nach emol géife widderhuelen.

Mee wat waren dann d'Feeler vun 2015? A mengen Ae louch dee gréisste Feeler ganz kloer doran, dass mer 2015 innerhalb vun der EU keng Solidaritéit haten, fir gemeinsam mat dëser Erausforderung ëmzegoen. An déi hu mer haut manifestement och nach net.

An am Fong fanne sech souguer nach ëmmer manner Länner, déi bereet sinn, Mënschen an Nout opzehuelen. An ech fannen dat e ganz, ganz traurege Constat.

Ech fannen et ëmsou méi traureg, well hei kloer mat der Angscht vun de Leit gespillt ginn ass, andeems hinne Schreckenszenarie vu risege Flüchtlingsstréim aus Afghanistan virgehale gi sinn. Wéi mer gesinn, ginn déi Zuelen dat net hier. Trotzdeem ass d'Angscht virun de sogenannte Asyltouriste brav gefiddert ginn. Dobäi ass eleng de Begrëff vum Asyltourist net haltbar. Asyl ass eppes, wat d'Mënschen per Definitioun accordéiert kréien, wa se verschidde Kritikären erfëllen: Wa se op der Flucht sinn, wa se verfollegt gi wéinst hire politeschen

Iwwerzeugungen, hirer Relioun oder hirer sexueller Orientéierung.

Et gëtt e Recht op Asyl, ...

(*Interruption*)

... wann een déi Kritikären erfëllt. Dat Recht ass an der Genfer Flüchtlingskonventioun ofgeséichert. Den Här Reding gëtt mer Recht. An dofir ass et rëffeg, wierklech rëffeg, dee Begrëff vum Asyltourismus ze benotzen, fir Leit, déi an Nout sinn, als Profiteuren ofzestempelen.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- An engem anere Cas de figure, nämlech deem, dee sech grad un der EU-Grenz zu Belarus ofspillt, mussen mer elo nokucken, wéi Migranten erëm zum Spillball vun autoritäre Regimere ginn, déi dës Mënschen an héijen Zuele carrement op déi europäesch Grenz bréngen, fir d'EU ënner Drock ze setzen. Emol do ukomm, gi se do hirem Schicksal iwwerlooss. An d'EU komme se net eran, well se virun enger Mauer aus Stacheldrot setzen, zréck a Belarus geet och net, well do hannendrun d'Schlägertrupp op se waarden, fir se erëm zréck Richtung Grenz ze knëpelen - dat Ganzt ouni Verfleegung, ouni medezinesch Versuergung an elo och bei Minusgraden.

Och hei erhärte sech d'Hiweiser, dass och d'Tierkei dem Lukaschenko an d'Fangere spillt, andeems se ganz bewusst héich Zuele vu Migranten zum Beispill aus dem Irak via Tierkei op Minsk ausflitt, fir se vun do aus dann op déi polnesch Grenz féieren ze loosse. An dass d'Tierkei de Sujet vun der Migratioun knallhaart notzt, fir Drock op d'EU auszeüben, ass jo och elo keng Nouvelle. An et gëtt hei keng einfach Léisungen. Mee fir eis ass awer kloer, dass fir Belarus dat selwecht gëllt wéi dat, wat mer an der Vergaangenheet och schonn a Richtung Tierkei gesot hunn: Et ass net hinnehmbar, dass Migranten als Drockmëttel géint d'EU benotzt ginn. An esou e Verhale muss Konsequenzen hunn.

Genausou onméiglech ass et awer och an eisen Aen, dee Konflikt mat Belarus elo um Bockel vu Mënschen an Nout auszedroen a se virun eise Grenzen erfréieren ze loosse. Der EU feelt et hei einfach un enger gemeinsamer Approche, dem Wëlen, sech eng gemeinsaam Strategie ze ginn, an dann a leschter Konsequenz do hannendrun dann och déi dréngend Noutwendegkeet, fir de Wee hin zu enger obligatorescher Solidaritéitsklausel fräizemaachen. A soulaang mer dat net hunn an eis keng gemeinsaam Prozedure ginn, esou laang bleiwe mer ganz einfach erpressbar.

Als Unioun kënne mer natierlech vill iwwer Wäerter schwätzen, iwwert dat, wat mer wëlle sinn, mee et ass an eisen Handlungen, wou sech weist, wie mir sinn a firwat mir stinn. An dat Bild, dat sech do zënter Joren ofzeechent, dat gefält mer leider guer net.

Scheinbar mussen mer eis offanne mat enger EU, déi sech an hir Festung zréckzitt an déi do, wou kee Mier eis vum Rescht vun der Welt trennt, sech mat Maueren a pickegem Drot elo ze hëllef weess. Eng EU, an där vun humane Baussegrenze keng Ried ka sinn a wou Pushbacks vill ze oft schonn dokumentéiert gi sinn. Eng EU, wou d'Recht op eng fair Asylprozedur mat Féiss getrëppelt gëtt, anescht kann een et jo och bal net méi ausdrécken, wann een eebe weess, dass Leit un eise Grenze geschloen, bedrot, zréckgedriwwen oder erfréiere gelooss ginn.

An ech denken nach ëmmer mat Schrecken, fir nëmme ee Beispill ze nennen, un déi Opnamen elo aus Kroatien, rezent, wou Demandeure mat Knëpele vun der Grenz ewechgedriwwen gi sinn, wat an de soziale Medien zum Deel nach gefeiert ginn ass a wou d'Beamten online encouragéiert gi sinn, roueg weider zouzeschloen.

Au vu vun der Situatioun op de Baussegrenzen, déi mer just verurteele kënnen, soen ech dofir awer och dem Yves Cruchten villmools Merci fir den Depot vun där Motioun, déi mer selbstverständlech matdroen an an där mer eebe justement op dee ganze Volet Grenzschutz aginn. An där mer, ënner anerem, fuerderen, dass derfir gesuergt soll ginn, dass all Persoun den Accès zu enger fairer Asylprozedur muss zougeséichert kréien an dass de Volet vum Respekt vun de Mëscherechter ganz konsequent an der Frontex-Agence incorporéiert gëtt.

Ma ofgesi vum Accès zur Prozedur, hänke mer och nach ëmmer um Niveau vun den Opfangstrukturen op eise Baussegrenzen. Nodeems d'Lager vu Moria jo ofgebrannt war an d'Leit de leschte Wanter an der Keelt an am Reen an ondichten Zelter iwwerlieft hunn, hu mer elo eng éischt fest Struktur, ech soe lo mol, hikritt. Ok, et reent elo net méi eran. Et gëtt wuel Heizungen. Mee eleng den Ubléck vun där Struktur, dee stréckt engem wierklech den Hals zou, esou no läit de Verglach mat engem Héichséchereheetstrakt.

Och den UNHCR huet dëst opgegraff an drop opmierksam gemaach, dass mer do vu Mënsche schwätzen, déi internationale Schutz an Hëllef

brauchen, an net vu Kriminellen, déi ewechgespaart gehéieren.

Den Afghanistan-Debakel huet awer net nëmme déi humanitär Situatioun an d'Fro ronderëm déi europäesch Flüchtlingspolitik erëm ugekuerbelt, en huet och d'Fro vun der gemeinsamer Sécherheitspolitik vun der EU erëm op de Plang bruecht. A mir kënne just de Constat maachen, dass dat hei ee vun deene ganz aschneidende Beispiller ass, dat weist, dass mir eis och als EU mussen op eis eege Féiss setzen. Dëst ass och e weidert Beispill, dat weist, wéi wackeleg déi Partnerschaft mat den USA aktuell nach ëmmer ass. Mir schwätzen hei vun engem US-Réckzuch, dee weeder ganz duerchduecht, nach mat den EU-Partner ofgeschwat gi war. Mir sinn hei virun e Fait accompli gestallt ginn. Trotzdeem wëilt ech hei awer och soen, dass mer net sollten de Feeler maachen, de gesamten Asaz a Fro ze stellen. Et war nämlech net falsch, do eranzege. D'Mëscherechtsverletzungen an d'Terrorismusgefor sinn erofgaangen. Mir hunn et hikritt, wann eeben elo leider just fir eng kuerz Zäitfenster, Strukturen ze schafen, déi de Mënschen et erlaabt hunn, sech e Liewen opzebauen, hir Kanner an d'Schoul ze schécken, an déi de Fraen och Rechter zougestanen hunn.

Mir sinn eis natierlech eens, dass et nimools hätt dierfen esou endegen. Mir hunn als Staategemeinschaft kloer versot. An d'Mënschen am Afghanistan an och vläicht e bëssen eis selwer ëm d'Friichte vun all deenen Efforten iwwer 20 Joer bruecht. A schlëmmer nach: Mir hunn d'Leit an enger ganz desolater securitaier Situatioun zréckgelooss.

An egal wéi sech d'Relatiounen mat den Taliban entwéckele wäerten, eis Prioritéit am Ëmgang mat hinne muss déi sinn, dass d'Rechter vun de Fraen an de Meedercher och respektéiert ginn.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Ee vun den Haaptgrënn fir dee ganzen Debakel war wuel, dass d'EU an d'USA keng gemeinsam Zilsetzung haten, wéi se an déi Missioun eragaange sinn. D'USA hate kloer d'Terrorismusbekämpfung als Zil. Mir Europäer hunn eis virun allem den Nationbuilding op de Fändel geschriwwen. Bon, ouni elo ze soen, dass an deem Beräich näischt geschafft gi wär, mee mir hunn et awer net ausräichend hikritt, dee Staat eeben net just un d'Fonctionnéieren ze kréien, mee eeben och nach op stabill Féiss ze setzen. An Nationbuilding ass eminent wichteg. Hei geet et jo drëm, staatlech Strukturen ze schafen, déi de Basisbesoine vun der Bevëlkerung gerecht ginn, eng funktionéierend Justiz opzebauen, Administratiounen opzebauen, e Sécherheitsapparat opzebauen, Schoulen opzerichten an esou weider. Dat ass manifestement net genuch gemaach ginn. Den ziville Volet war par rapport zum militäresche Volet net staark genuch present. Mam Resultat, wat mer haut kennen.

Schlussendlech hate mer also weeder eng gemeinsam Zilsetzung nach eng gemeinsam Visioun, wéi mir de militäreschen Ausstieg plange géifen, ouni dass alles an de Koup fällt. A wéi d'Kand bis am Pëtz louch, du si mer eis schnell bewusst ginn als Europäesch Unioun, dass mer ouni d'USA och net à même sinn, Evakuéierungen duerchzuféieren, de Flughafen ze securiséieren, also en gros an Eegeege derfir ze suergen, dass d'Leit kéinten a Sécherheet bruecht ginn.

An duerfir ass direkt am Zesammenhang mat der Afghanistan-Kris d'Debatt ëm déi strateegesch Autonomie vun der EU a Sécherheitsfroen erëm opgefllaamt. Strateegesch Autonomie an e gewësenen Niveau u schneller Reaktionsfäegkeet wären awer natierlech sënnavoll. Schon eleng fir deen Ament kënnen ze agéieren, wann d'NATO et net mécht. Et feelt der EU hei awer un eegene Kommandostrukturen, der néideger Zesummenaarbecht an och méi schnellen Entscheidungsprozesser tëschent de Memberstaaten.

Dobäi beweege mer eis an engem Dräieck vun engersäits dem Wonsch no méi strateegescher Autonomie, anerersäits dem Wonsch no méi gemeinsame Capacitéiten an dann anerersäits awer och dem Insistieren op eiser nationaler Souveränitéit. An do bäisst sech d'Kaz eeben ëmmer erëm an de Schwanz.

An trotzdeem mengen ech, dass elo dee Punkt erreecht ass, wou ëmmer méi Entscheidungsträger sech bewusst ginn, dass mer net kënnen esou weidermaachen an dass mer eis méi onofhängeg vun den USA mussen maachen. Et gëtt jo och mëttlerweile e kloer Bekenntnis zu enger méi enker Zesummenaarbecht. Och dass mer méi Interoperabilitéit brauchen, ass allgemeng unerkannt. A wat eis och immens wichteg ass, dat ass, dass mer vill méi nach Richtung Pooling and Sharing ginn. Also zum Beispill esou gemeinsam Programmer wéi den EATC, wou Lëtzebuerg wierklech mam gudden Beispill virgeet. A wéi benefique dës Approche am Eeschtfall ka sinn, hu mer jo elo am Fall vun Afghanistan gewise kritt, wou mer iwwer eisen A400M an der gemeinsamer Flott konnten eng ganz wichteg Hëllefstellung leeschten.





Et wär also duerchaus begrëssenswäert, wann d'Iwwerleeungen am Beräich vun der gemeinsamer Sécherheetspolitik elo och konsequent géife weidergedriwwe ginn.

Ofschléissend heizou wéilt ech awer och nach umierken: Mir brauche sécher méi gemeinsam militäresch Capacitéiten. Mee mir sinn eis awer och eens: Mat Waffen eleng schaaft ee keen nohaltege Fridden. Den ziville Volet vum Krisemanagement muss definitiv an Zukunft och gestärkt ginn.

Natierlech limitéiert sech de Wunsch no schnellen Entscheedungsprozesser net nëmmen op de Sécherheetsberäich, mee och op de Beräich vun der Aussepolitik. Och hei ass et mat Momenter nach ëmmer immens mühsam nozekucken, wéi lues a sech schwéierfällg mir als Unioun op Krise reagéieren. A mir wëssen all, dass mer op der internationaler Bün nëmmen zesumme staark kënnen sinn. Virausgesat awer, mir bréngen et fäerdeg, ouni gréisser Delaie mat enger Stëmm ze schwätzen.

Ma do sti mer eis mam Prinzip vun der Unanimitéit weiderhi selwer am Wee, wat et am Endeffekt och einfach schwéier mécht, eis fir eis Interessen anzesetzen an als kredibele Partner mat Gewiicht unerkannt ze ginn. D'EU muss sech och do fannen a sech hir Plaz op der Weltbün erschaffen. En éischte Schrëtt kéint d'EU heifir, mengen ech, am Palästina-Konflikt maachen. Déi viregt Woch war de palästinensesche Premier zu Gaascht hei zu Lëtzebuerg. An hie stoung och fir eng Entrevue hei der Chamber zur Verfügung. An hien ass an eiselem Echange op d'Roll agaangen, déi d'EU hei kéint spillen. Den Här Graas huet et jo och schonn ugeschwat gehat.

Senger Analys no wär d'EU aktuell deen eenzege qualifizéierten a kredibelen Acteur, deen am aktuellen politesche Vakuum kéint eng Roll spillen, fir de Sujet international ze relancéieren an zu enger Léisung ze féieren. Well fir d'alleréischte Kéier iwwerhaapt wärem mer aktuell an enger Situatioun, wou d'USA kee Plang hunn. An et wär elo de Moment fir d'EU, hei de Lead ze iwwerhuelen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- An ech mengen, do hat en net ganz Onrecht.

Et wär also elo de Moment - well wann net elo, wéini dann? - fir d'EU, fir seriö iwwert d'Unerkennung vu Palästina ze schwätzen an derfir ze suergen, dass sech op d'mannst eng Grupp vu Staate géif fannen, déi bereet wärem, dës Schrëtt ze maachen.

Et bleift also ze hoffen, dass d'EU trotz der ugespaanter internationaler Situatioun, trotz Pandemie an natierlech och trotz Problemer ënnerhalb der EU d'Energie fënnt, fir un hirer Roll als kredibelen internationalen Acteur ze schaffen.

Mee fir kredibel ze sinn, mussen eeben och d'Problemer vun der Rechtsstaatlechkeet an der EU gekläert ginn. Mir kënnen net mat Wäerter an Demokratie argumentéieren, soulaang mir selwer Memberstaaten an eise Reien hunn, déi lues a lues de Rechtsstaat aushielegen. An ech ginn dem Här Ausseminister do absolutt Recht. Bei Verstéiss géint d'Rechtsstaatlechkeet muss um finanzielle Plang kënnen reagiert ginn. Well et kann net sinn, dass d'Regierungen, déi eis Grondwäerter net unerkennen, nach mat Gelder aus EU-Fonge belount ginn. Dat ass e Problem, un deem d'EU riskéiert ausenanerzebriechen. An dat dierf esou net akzeptéiert ginn! Et ass eis Pflicht, d'Demokratie an Europa ze schützen an ze erhalen. Mir heibanne sinn alleguerten an engem demokrateschen a fridlechen Europa grouss ginn. An ech wëll, dass och nach d'Generatiounen vun eise Kanner an Enkelkanner an esou engem Europa liewen dierfen. Mir sinn eng Gemeinschaft, déi op Wäerter a Rechter, awer dann eeben och op Flichte fousst. A mir verdanken dat all deenen, déi virun eis un e fridlecht Europa gegleeft hunn an déi dru geschafft hunn, dass aus Feindschaften eng zolidd Allianz geschaf ginn ass. A wa mir dat och an Zukunft wëllen hunn, dann ass et haut un eis, derfir ze suergen, dass Meenungsfräiheet, Pressefräiheet, eng onofhängeg Justiz oder de Schutz vu Minoritéiten keng eidel Wieder sinn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Dofir muss de Rechtsstaatmechanismus gräifen a gegebene-falls mussen dann eeben och Gelder gekierzt ginn, falls et trotz all Dialog evident ass, dass d'Rechtsstaatlechkeet an der EU lues a lues ënnerwandert gëtt. An ech sinn dervun iwwerzeegt, dass mir heifir genuch Partner an der EU hunn, deenen dëst genee esou wichteg ass ewéi eis.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Merci der honorabeler Madamm Empain. Den nächsten age-schriwwene Riedner ass den honorabele Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och ufänken, fir am Numm vun der ADR dem Här

Asselborn Merci ze soe fir déi Deklaratioun, déi e gëschter gemaach huet. Dat war alles ganz interessant. A mir felicitéieren him och, dass mer elo déi Decisioun konnten huelen, fir den diplomatesche Réseau auszubauen. Mir kréien elo eng Ambassade an Irland. Dat war iwwerfällg. Irland ass net nëmmen e Frënd, et ass och e Konkurrent. Et ass eng wichteg Finanzplaz. Et ass ganz wichteg, dass mer do vertruede sinn. A mir hunn och vum Här Gramegna héieren, dass mer eng Rei vu Vertrie-dunge bei internationalen Organisatiounen ausbauen. Och dat ass, mengen ech, eng ganz noutwendeg Saach.

Mir huelen natierlech och dës Geleeënheet, fir deene Leit am diplomateschen Déngscht Merci ze soe fir déi Efforten, déi se leeschten, fir eiselem Land am Ausland ze dengen.

Mir wëllen an eiser Äntwert op dem Här Asselborn seng Ried virun allem eng Fro stellen, nämlech déi vun der Kohärenz; d'Kohärenz vun der Lëtzebuerger Politik och banne mat deem, wat mer am Ausland vun anere Regierungen fuerderen. Ech mengen, dat ass eng ganz wichteg Froestellung, déi och eng Fro ass vun der Kreditibilitéit. A mir wëllten dat haut un dräi Beispiller vläicht duerchexercéieren: Mënscherechter, Europapolitik an europäesch Energiepolitik, woumat och Russland dann ze dinn huet.

Ech wëll awer vläicht fir d'éischt reagéieren op eppes, wat meng Virriednerin gesot huet. Dat ass nämlech och ..., et huet och mat Kohärenz ze dinn. Ech mengen, mir héieren jo vill Kritik u verschidde-nen europäesche Länner. An déi gréng Partei huet dat jo gesot. Do gëtt da gesot, do wäer verschidde Problemer mat de Mënscherechter an et misst een déi Länner bestrofen. Gläichzäiteg gëtt d'Unerkennung vun der palästinensescher Autoritéit gefuerdert, déi säit 2005 keng Walen organiséiert, déi d'Mënsche foltret, déi elementar Rechter ...

■ **M. Roy Reding** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- ... inklusiv vun den LGBTQI violéiert an esou weider an esou virun. An ech mengen, wann een déi eng wëllt unerkennen, da muss een awer och bei deenen aneren dee selwechte Standard uleeën.

Den Här Asselborn huet mat vill Houfert, an zu Recht, drop higewisen, dass mer an de Mënscherechtsrot gewielt goufen. Et ass och Zäit ginn, géif ech soen. 117 Länner ware schonn drun. Mir waren nach net drun. Mee dat war eng Leeschtung, och vum diplomateschen Déngscht a mat vill Asaz. Dass dat esou konnt gemaach ginn, ass eng gutt Saach. Mir goufen iwweregens zesummen - ass den Här Graas heibannen? Jo - mat Gambia goufe mer gewielt. Dat ass vläicht eppes, Dir hutt mech virdrun drop ugeschwat, ma mir sëtze mat Gambia am Mënscherechtsrot an och mat de Vereenegten Arabeschen Emirater, mam Katar, Somalia, Eritrea. Dat weist, dass een net onbedéngt muss e perfekten ...

■ **Une voix.** - A Finland!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- A Finland, richtig! Awer et muss een net onbedéngt perfekt bei de Mëscherechter sinn, fir do dra gewielt ze ginn. Et soll eis awer interpelléieren. Well mir sollte mol kucken, wéi et da mat eis selwer ass.

An ech wëll do dräi Beispiller nennen. Den Här Asselborn huet a senge Prioritéiten gesot, e wéilt d'Rechter vun de Fraen a vun de Meedercher verdeeden. En huet do a senger Ried gesot gehat: « Nous nous engageons résolument pour les droits et l'autonomisation des femmes et des filles, leur intégration socio-économique, la réalisation de leur droit à l'éducation, leur santé, leurs droits sexuels et reproductifs. » Jo, do musse mer awer feststellen, dass Lëtzebuerg amgaang ass, Filiatiounsgesetzer virzebereeden, wou d'Leihmutter-schaft akzeptéiert gëtt. Net hei am Land, mee am Ausland. Wa se dann am Ausland geschitt, da gëtt dat hei unerkannt.

(*Interruption*)

An dat ass eng Ausbeutung also vun der Fra als Gebärmaschinn. An et ass eng vun deene schlimmste Formen der Ausbeutung. An ech wëll just soen: De Mënscherechtsrot, an dee mer elo gewielt goufen, deen hat do och e Special Rapporteur on the sale and sexual exploitation of children, 2019, mengen ech, war dat, an do sinn eng Rei Konklusiounen geholl ginn am Mënscherechtsrot, wat do sollt gemaach ginn. An do ass eng zum Beispill, et sollt an de Memberstaaten ..., oder an all de Staate sollt eng kloer an allgemeng Legislatioun geholl ginn, déi de Verkauf vu Kanner verbitt an och besonnesch am Kontext vun der Leihmutter-schaft. An dann ass gesot ginn, och vum Special Rapporteur a vu genau deem Gremium, an deem mir elo sinn, ass gesot ginn, et solle Garantien a Sécherunge geholl gi vun de Staaten, déi e Verbuet vun der kommerzieller Leihmutter-schaft virgesinn, an et sollt e System gemaach ginn, deen eeben de Verbuet vun dem Verkauf vun engem Kand garantéiert, an dass déi Leihmutter all d'Eltererechter behält an dass all eventuell Bezuelunge musse gemaach ginn, ier e Kand op d'Welt kënn, an dass déi och net kënnen erëmbezuelt ginn. Alles dat si Recommandatiounen

vum Mënscherechtsrot, wou mir elo Member sinn. Alles dat gëtt net respektéiert an deenen Diskussiounen, déi hei am Abléck gefouert ginn, ëm d'Filiatiounsgesetzer.

Dat Zweet ass, dass mer eis fir d'Kannerrechter asetzen. Den Här Asselborn huet gesot: « Le Luxembourg a joué un rôle de premier plan dans l'adoption de la déclaration "protéger nos enfants" ». Dat war d'Unicef. Och eng ganz gutt Saach. Dat ass ganz gutt. Awer mir hunn als ADR ëmmer erëm gesot, dass mer dann awer net verstinn, firwat d'Regierung d'Elektromobilitéit subventionéiert. Mir wëssen, dass de Kobalt zu engem groussen Deel an der Demokratescher Republik Kongo ofgebaut gëtt. No Amnesty International an Unicef schaffen do eng 40.000 Kanner an ongesécherte Minnen. Dowéinst soe mir: Elektromobilitéit soll net subventionéiert ginn, soulaang ...

(*Interruption par Mme Stéphanie Empain*)

... soulaang net sécher ass, dass de Kobalt a Konditiounen ofgebaut gëtt, déi d'Mënscherechter, speziell d'Kannerrechter respektéieren. Dat ass eeben am Abléck nach net de Fall. An et ass schonn e Widdersproch, dass dës Regierung op där enger Säit d'Betriber massiv ënner Drock setzt, fir iwwer hir Liwwerketten e komplette Rapport ofzeginn, Rechenschaft ofzeleeën, awer de Staat selwer Subventiounen bezitt fir Saachen, wou e pertinent weess, dass d'Mënscherechter verletzt ginn. Dat ass e Widdersproch, dee mir net akzeptéieren!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Sidd Dir da fir e Liwwerkettegesetz?

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Déi drëtt Consideratioun ...

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Sidd Dir da fir e Liwwerkettegesetz?

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Déi drëtt Consideratioun ass eng vum Schutz vun de Grondrechter.

(*Interruptions*)

Mir hunn an deene leschte Méint gesinn, Här President, wéi d'Grondrechter, ...

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- I take that as a no!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- ... och hei am Land kënnen ganz liicht a Fro gestallt ginn. Mir hunn haut nach Aschnëtter an d'Grondrechter, déi a Kraaft sinn. Haut gesi mer och am Land, dass, ob-schonn d'Regierung d'Fräiwëllegkeet zum Beispill och bei den Impfungen betount, trotzdem d'Leit massiv ënner Drock gesat ginn, och op den Aarbechtsplazen, fir sech awer impfen ze loos-sen. Also et ass wierklech nëmmen nach eng konditionéiert Fräiwëllegkeet. Mir hunn Aschnëtter och an d'Privatliewen, haut nach. An dat ass alles ënnert der aktueller Verfassung geschitt.

Dofir wëll ech och nach eng Kéier virun deem war-nen, wat déi nei Verfassung eis do u Méiglechkeete gëtt. Dat ass net déi belarussesch, dat ass net de Lukaschenko, vun deem mer hei schwätzen, et ass vu Lëtzebuerg, wou mer schwätzen, wann elo politesch Ziler an d'Verfassung erakommen, Ziler mat Verfassungsrang, fir déi aner konstitutionell Prinzipie kënnen ageschränkt ginn, sou steet et do: « Les objectifs à valeur constitutionnelle peuvent donc étendre les pouvoirs du législateur », dat si mir, « en limitant l'application de certains principes constitutionnels. » Wéi gesot, mir schwätzen net iwwer Wäissrussland, mir schwätzen iwwer Lëtzebuerg! An dofir soe mir: Souwuel wat d'Fraerechter ugeet, wat d'Kannerrechter ugeet, wat de Schutz vun de Grondrechter ugeet, sollt mer eis emol als Lëtzebuerg selwer interrogéieren a selwer Konklusiounen huelen. Et ass richtig, anerer ze kritiséieren. Awer loosst eis net déi Schwaachpunkte bei eis selwer aus den Ae verléieren.

Als zweete Punkt wëll ech eist Verhältnis zu der Europäescher Unioun als Beispill huelen. Och hei dräi Beispiller, wéi eng an eisen Ae falsch Baussepolitik eist Liewe kann direkt beaflossen. An dat Éischt ass jo eeben dann déi Kritik, déi mer och hei ëmmer erëm héieren hunn, dass verschidde Länner kritiséiert ginn, besonnesch Polen an Ungarn. Woubäi ech mech allerdéngs froen: An Ungarn gëtt et jo elo eng Allianz vu Parteien, déi den Här Orbán wëllen ofléisen. An där Allianz vu Parteie sinn och d'Rietsextremisten, den Jobbik, deen ass do dran. Da froen ech mech awer: Sinn déi Leit, déi den Här Orbán wëllen ofgeléist gesinn, d'accord, mat enger Regierung ze schaffen, wou d'Rietsextremisten, nämlech den Jobbik, mat dran ass? Dat ass awer eng Fro, déi eis géif interesséieren.

Mee, et ass also wierklech ...

(*Interruption*)

Jo, et ass ... Mir gesinn dat. Mir gesinn dat!

Mee e wichtige Sujet ass eeben dat Verhältnis vum europäesche Recht zum nationale konstitutionelle Recht vun de Memberstaaten. Dat ass jo eigentlech ee vun den Enjeuen. An dat rezent polnescht Urteel ass bei Wäitem net dat eenzegst Beispill an Europa, wou den onageschränkten Usproch vun der Supre-

matie vum europäesche Recht respektiv vun der Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff a Fro gestallt gëtt. Mir gesinn änlech Entwécklungen an Däitschland. Do virun allem am Hibleck op d'Europäesch Zentralbank an déi Decisiounen. Mee och do gëtt et e Prozess oder souguer méi Prozesser, déi d'Verfassungsgeriicht betreffen. A Frankräich, net nëmmen den Här Barnier, mee och de Conseil constitutionnel huet do Reserven nach virun, mengen ech, zwou Woche geholl, fir gewësse Virrechter ze behalen, wat d'Interpretatioun vum franséische Verfassungsrecht ugeet géint iwwer dem europäesche Recht.

A mir haten och, wéi dat an den europäesche Verfassungsvertrag ageschriwwen gouf, d'Suprematie vum europäesche Recht, do ass dat jo an zwee Länner iwwer Referendum refuséiert ginn: a Frankräich an an Holland. An et ass duerno net nach eng Kéier zum Referendum virgeluecht ginn, mee iwwert dee parlamentaresche Wee dunn duerchgesat ginn. An och dat ass haut eng Legitimitéitsdiskussioun an Holland an a Frankräich iwwert dee Prinzip vun der Suprematie. Dofir muss ee ganz gutt oppassen, wann een esou eppes festschreift, well d'Leit hunn och e Gediechnis.

An och déi Länner ... Mir constatéieren jo, dass ëmmer manner europäesch Länner eigentlech dee Prinzip vun der automatescher Suprematie vum europäesche Recht iwwert dat nationaalt konstitutionellt Recht nach akzeptéieren respektiv d'Jurisprudenz vun den internationale Gerichtsinstitutionen. Mir erënneren eis och beim Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter, dass d'Britte menacéiert haten, aus dem System erauszegoen, well dee Geriichtshaff eng Decisioun geholl hat iwwer eppes, wat iwwerhaapt net am Traité stoung. An dat hu mer och beim Europäesche Geriichtshaff. An do géint wiere sech d'Länner. An net aleng Polen.

Et ass einfach eng Tatsaach, dass d'Europäesch Unioun amgaang ass, lues a lues ausereneenzerdriften. An do komme mer dann op dee Sujet vun der Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa. Ech wëll och hei dem Här Cruchten Merci soe fir déi Efforten, déi hien als President vun der Kommissioun mécht, vun der Souskommissioun iwwert d'Zukunft vun Europa. Mee ech mengen, d'Resultat dovunner muss sinn, dass et muss zu Traitésännerunge kommen. Et gëtt probéiert, ëmmer erëm, esou vill wéi méiglech an déi aktuell Traitéen eranzinterpretéieren. Dat geet iergendwéini och net méi. A wann ee wëllt Europa reforméieren, mussen d'Traitée geännert ginn.

Eis Iwwerzeegung ass selbstverständlech, dass mer musse méi national Kompetenzen nees hunn, dass mer en Europa vun den Natiounen brauchen an net e federaalt Europa. Do géif ech wierklech der CSV an och der LSAP an deem Punkt widderprieche vun deem, wat se haut gesot hunn. Wien op de Wee geet vu qualifizéierte Majoritéitsdecisiounen, dee riskéiert Konfliktstoff an Europa eranzebréngen. Den Här Asselborn weess dat ganz gutt. Well hien huet jo 2015 dat probéiert mam Asylrecht. Dat ass zwar duerchgaangen. Et war legal. Mee Dir hutt jo gesinn, Här Asselborn, a mir hunn all gesinn, wat dat fir e Sträit an Europa ginn ass. A mir gesinn haut, dass d'Länner net wëllen an engem Ministerrot decidéieren, mee sou vill wéi méiglech op dem Niveau vun de Staatspresidenten a Premierministern delegéieren, well do eeben de Prinzip vun der Eestëmmegekeet gëllt. Also dat ass e falsche Wee, fir elo Majoritéitsdecisiounen wëllen duerchzesetzen. Dat bréngt nëmme Sträit.

Mir hu gesinn an der Covidkris, dass d'Grenzen an Europa keng Fiktioun sinn. Déi sinn nach ganz reell. An och hei schwätze mer net vun Ungarn a Polen. Mir schwätze vun Däitschland, vu Frankräich, vun der Belsch. An do hu mer dat jo direkt gesinn, wéi mir do vulnerabel sinn als klengt Land. Dofir brauche mer eng pragmatesch, eng koordinéiert an eng realistesch Politik. A mir géifen och soen, dass mer d'Kompetenze fir d'Groussregioun missten zréckbréngen an den Ausseministère. Dat gehéiert alles an eng Hand, déi ganz koordinéiert Politik, an net a verschidde ..., eng Opspléckung ënner verschidde Ministèren.

En zweete Volet ass dee vun der Geldpolitik vun der Europäescher Zentralbank. Mir soen als ADR kloer Jo zum Euro. Eis Finanzplaz brauch den Euro. Mir si vum Euro ofhängeg. Mir brauchen op jidde Fall eng Währungsunioun. Mir mussen awer och do Reformen endlech ugoen. Mir brauchen eng Reform vum TARGET2-System. A mir brauchen e reegelméissege Finanzausgleich tëschent den Zentralbanken, änlech wéi an den USA. Mir mussen och déi Politik vu gemeinsame Scholde stoppen. Ob een dat elo Eurobonds nennt oder Renew Europe oder „relancer ceci ou cela“, dat spilt iwwerhaapt keng Roll. De Prinzip ass falsch! Et ass eng Vertragsverletzung, well gemeinsam Scholde si géint den EU-Vertrag. An et ass u sech e permanenten Offloss vu Räichtum aus dem Norde vun Europa an de Süde vun Europa. Dat geet am Abléck nach. Mee et freet ee sech och wierklech, zu wéi enge Spannungen dat an Zukunft ka féieren. Och déi Nullzënspolitik ass am Interessi vun deene südeuropäeschen, méi fragillen Economien.





**(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)**

Mee et muss een och wëssen, datt déi Nullzënspolitik och hei am Land eng vun den Haaptursaachen ass fir déi deier Immobiliepräisser. Well d'Leit eebe keng Investitiounsméiglechkeeten do hunn, déi nach e Rendement ginn, gi se dann an Immobilien investéieren. Et ass eng Konsequenz vun der Nullzënspolitik niewent dem onkontrolléierte Wuesstum. Wa mer wëllen d'Immobiliekris hei am Land léisen, ass dat och en Aspekt, dee mer musse mat considéréieren.

En drëtt Beispill ass da selbstverständlech d'europäesch Asylpolitik. Dat ass einfach en Echech! Ech hat et scho gesot: Dee Versuch, eng Majoritéitsdecisioun do ze huelen, war e Schoss no hannen - fir et emol nach ganz virsiichteg auszedrécken. Well et gëtt einfach keng Bereitschaft vun de Staaten, dat matzedroen. Ob elo den europäesche Gerichtshaff dat confirméiert oder net, hei ass d'Politik nach ëmmer Meeschter. Mir solle keng Illusiounen hunn an deem Beräich. Dat ass net méiglech, eng europäesch Asylpolitik mat obligatoresche Quoten durchzusetzen. Mir sinn och hei am Land elo ëmmer méi mat enger Situatioun konfrontéiert, wou mer ganz, ganz vill Leit opgehall hunn a mir kréien e Problem vun Integratioun iwwert d'Zäit. Dat ass evident!

Mir wëllen als ADR nach ëmmer eise Standpunkt kloermaachen: Mir bekennen eis zum Prinzip vun Asyl, fir Leit ze protegéieren, déi de Schutz néideg hunn. Dat ass keng Diskussioun fir eis. Awer mir soen och, datt den Asyl en temporäre Schutz ass an datt déi Leit, déi kee Schutz méi brauchen, müssen zrëckgoen an hir Länner. Mir maachen en daitlechen selbsterständlech zwëschent dem Asyl als temporäre Schutz an enger Immigratiounspolitik. Dat ass eppes anescht!

Mir si fir eng Realpolitik an dësem Beräich. Mir müssen d'Asylproblematik och esou upaken international, datt mer derzou bäidroen, datt mer déi Fluxen a Richtung Europa net kréien. An dozou gehéiert selbsterständlech Diplomatie fir Konfliktléisungen. Et gehéiert derzou, datt mer déi UNHCR ënnerstëtzen, wann déi Campen a Géigenden hunn, wou eebe grouss Konzentratiounen vu Leit sinn, déi eeben e Schutz brauchen.

Mir müssen awer och kucken, datt mer mat Regim-mer zesummeschaffen, och wa mer se net gär hunn, wa mer se desapprouvéieren, wéi eeben den Afghanistan, wou mer müssen humanitär Kooperatioun leeschten, fir datt mer eebe keng Refugiéien, och net an d'Nopeschlänner, do kréien. Oder och Syrien. Well wéi laang solle mer dann elo nach virumaachen? Ech mengen, den Här Assad ass nun eemol do um Rudder, hien huet de Pouvoir. Wéi laang wëlle mer dann als Europäesch Unioun nach virumaachen, fir kee Kontakt mat deem Regimm ze hunn? Well déi Leit, déi wëllen zrëckgoen an dat Land, brauche jo Konditiounen vu Sécherheet. Dat muss ee mat deem Regimm kucken, wéi datt déi Sécherheet ka garantéiert ginn - also eng pragmatesch Zesummenaarbecht mat deenen, déi einfach déi Méiglechkeet hunn, Sécherheet ze garantéieren.

Och d'europäesch Energiepolitik kann een hannerfroen. Dat ass och e Problem mat deem dominante Gewicht op erneierbaren Energien. Dat féiert derzou, datt d'Nofro no Äerdgas enorm klëmmt, well eeben alternativ Energië volatil sinn an net zuverlässeg. An eeben, well aner Reservcapacitéite wéi Kuel an Nuklearenergie eebe bei deene meeschte Länner resolutt bekämpft ginn. Och Lëtzebuerg bekämpft dat. An dat féiert natierlech derzou, datt de Gaspräis net nëmme konjunkturell an d'Luucht geet, mee eeben och strukturell, laangfristeg, well et déi eenzeg Reservcapacitéit ass, déi am Abléck nach eenegermoosse konsensuell ass.

Dat ass e grouss Problem. An déi alternativ Produktiounscapacitéite musse jo doubliéiert ginn, well se volatil sinn. Dat heescht, mir hunn och nach duebel Produktiounscapacitéiten, e permanenten Ausbau vun Netzer, deen awer och Versuerungsproblemer net ka léisen, well d'Wiederlag an Europa dacks similaire ass. De European Green Deal, duerch dee verléiert Europa u Kompetitivitéit. Dat ass Tatsaach.

Dann hu mer nach de Problem vun der verfeelter Russlandpolitik. Well mir hu keng laangfristeg Liwwervertrëg mat Russland kënnen ofschléissen, wéinst deene gespaante politesche Relatiounen. Dat ass dann net erwënscht gewiescht. An dann hu mer eeben do och eng Sanktiounspolitik säit Joren a Plaz, déi iwwerhaupt näischt bruecht huet! Dat muss een och kloer gesinn. Déi ass reciproque.

U sech hunn déi Sanktiounen strictement näischt bruecht, ausser datt d'Russe sech onofhängeg gemaach hu vun engem Deel vun eise Liwwerungen. Mir müssen dach endlech kucken, datt mer déi kontraproduktiv Effekter do bekämpfen. Mir hu Russland an eng Allianz mat China eragedriwwen op déi Manéier. Dat bréngt eis guer näischt! Mir brauchen einfach eng nei Relatioun. Dat heescht, datt mer och eng Verhandlungsbereitschaft mus-sen hunn. Mir brauchen eng nei partnerschaftlech,

méi partnerschaftlech Relatioun mat Russland op jidde Fall.

Mir brauche méi Vertrauen an Osteuropa, en demokrateschen Transitiounsprozess am Belarus, mir brauche Verhandlungen iwwert de Statut vu post-sovjetesche Konflikter, ob dat elo an der Ukrain ass, op der Krim, an Nagorno-Karabach, Moldawien, Georgien,... mee et geet dach net, datt mer ëmmer an där Haltung bleiwen, an där mer elo sinn! Dovunner profitéieren d'USA a China, mee mir als Europäer hunn dach den Nodeel, wa mer an där do Russlandpolitik bleiwen an der Energiepolitik, an der Sécherheetspolitik an esou weider.

Ech froen och all déi, déi gesot hunn: „Mir müssen eegestänneg ginn als Europa“, si sollen eis dach emol soen, wat se bereet sinn als Budget an als Personal vu Lëtzebuerg aus ze investéieren an eng onofhängeg, vun den Amerikaner onofhängeg Sécherheetspolitik. Dat wär eng Fro, déi ee sech duerchaus emol ka stellen. Wat sinn déi Parteien da bereet ze ginn, fir déi Onofhängegkeet do ze erreechen?

An der Standuertpolitik, Här Minister, wëlle mer lech opfuederen, déi Kafkraaftdifferenz tëschent Bréissel a Lëtzebuerg unzegoen, datt mer do endlech och zu enger Léisung kommen, datt Lëtzebuerg méi attraktiv gëtt als Standuert, och fir europäesch Beamten. Well dat ass ee vun deene grouss Problemer.

Nach vläicht zwee regional Konflikter, fir domadder opzehalen: Dat eent ass Taiwan. Vill Kolleegen hu scho gesot, datt d'Volleksrepublik China fir eis Partner a Rival ass - béides gläichzäiteg. Mee mir sinn eeben a Konkurrenz mat China bei de Réimaterialien an Afrika. Mir sinn a grousser Ofhängegkeet vu China bei villen industrielle Produkter, och a strateegesche Beräicher, an Héichtechnologieberäicher. Mir hunn e Problem vu Spionage, fir et oppen ze soen. Dat ass natierlech eng Erausfuederung. An am pazifesche Raum - och doduerch, datt mer natierlech Russland do a Richtung China gedréckt hunn - kënnen se vill méi aggressiv optrieden, zum Beispill och wat Taiwan ugeet.

A mir wëlle kloer soen, datt mer och eng Participatioun vun Taiwan an internationalen Organisatiounen ënnerstëtzen, zum Beispill an der Weltgesundheitsorganisatioun. Zu deem Thema hu mer och eng Motioun virbereet, déi ech lech, Här President, heimadder wëll iwwerreechen.

**Motion 4**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*ass sech bewosst,*

*- datt déi demokratesch Wäerter, fir déi sech och Taiwan asetzt, musse verdeedegt ginn a begréisst besonnesch och den Asaz vun Taiwan fir d'Mënscherechter;*

*- datt Taiwan d'Covidpandemie verhältnisméisseg gutt geléist huet an en Informatiounsaustausch mat Taiwan iwwert d'Gestioun vun der Covidpandemie sënnvoll ass, inklusiv am Kader vun der Weltgesundheitsorganisatioun;*

*- datt och d'Europäescht Parlament am Dezember 2018 de Wonsch ausgedréckt huet, Taiwan um Niveau vun den internationalen Organisatiounen méi staark matanzebezielen;*

*- datt nach ëmmer vill taiwanesch Aktivisten mat Repressiounen vu Säite vu China konfrontéiert sinn;*

*- datt Taiwan engem staarke militäreschen Drock duerch d'Volleksrepublik China ausegesat ass;*

*- datt d'Situatioun zu Hongkong, wat d'Bestriewunge fir d'Mënscherechter ugeet, den Ament ganz ugespaant ass;*

*- datt et fir Lëtzebuerg wichteg ass, intensiv an diversifizéiert Relatiounen mat Taiwan, ewéi och mat der Volleksrepublik China, ze fleegen;*

*- datt et wichteg ass, e kloer Message un de gesamten asiatesch-pazifesche Raum ze riichten, wat déi territorial Integritéit an d'Sécherheet vun Taiwan ugeet,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- sech op europäeschem Niveau dofir anzesetzen, datt d'Bezéiungen an d'Kooperatioun tëschent der EU an Taiwan sollen intensivéiert a weider ausgebaut ginn, inklusiv an de Beräicher vun der Educatioun a vum Handel;*

*- sech fir méi equilibréiert Relatiounen mat Taiwan, ewéi och mat China, anzesetzen;*

*- sech zesumme mat eisen europäesche Partnerlänner dofir anzesetzen, fir eng substantiell an institutionaliséiert Participatioun vun Taiwan an internationalen Organisatiounen unzestriewen, hei sief besonnesch d'Participatioun an der Weltgesundheitsorganisatioun (WHO), an der internationaler Zivil-Luftfahrtorganisatioun (ICAO) an an der Kader-Konventioun vun de Vereente Natiounen iwwert de Klimawandel (UNFCCC) ernimmt, fir esou Defien, déi iwwert d'Grenzen vun de Kontinenter eraus bestinn, méi effikass unzegoen;*

*- déi diplomatesch Relatiounen mat China an anere Länner am asiatesch-pazifesche Raum esou unzegoen, datt déi politesch a militäresch Spannungen an där Regioun ofhuelen an d'Integritéit vun Taiwan garantéiert ass;*

*- d'Fräiloossen vun den taiwanesch-politeschen Aktivisten, déi zanter 2017 a China festgehalde ginn, ze fuerderen. Hei sief besonnesch och den Aktivist Lee Ming-cheh ernimmt, dee vu Säite vu China verurteelt gouf wéinst esouenannten „ëmstierzlerchen Aktivitéiten géint de chinesesche Pouvoir“.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- En zweete regionale Sujet, deen ech nach ganz kuerz wëllt uschwätzen, ass dee vun Armenien an de Konflikt ëm Nagorno-Karabach. Ech hu gesinn, datt d'Kolleege vun der CSV dozou schonn eng Motioun deposéiert hunn. Dofir kann dee Rasonement,... dat ass een, dee mir kënnen deelen. Mir hunn zum selwechten Thema och eng Motioun mat enger änlecher Konklusioun do presentéiert oder preparéiert. Ech wëll lech déi och iwwerreechen, Här President.

Et ass awer esou: Vu datt d'CSV och schonn eng Motioun zu deem Thema deposéiert huet, si mir och bereet, an der Diskussioun mat de Kolleegen entweeder déi eng oder aner zrëckzezéien, well den Objet u sech dee selwechten ass. Ech géif soen, wann d'Kolleege vun der CSV déi gelies hunn, da kënnen mer eis séier drop eenegen, fir déi eng oder aner ze huelen. Mir brauchen net zweemol iwwert dee selwechte Sujet ofzestëmmen.

Wannechgelift.

**Motion 5**

*D'Chamber vun den Deputéierten,*

*- ass déif besuergt iwwer d'Situatioun vun de Mënscherechter, d'Fräiheet vun der Press, an d'Situatioun vum Rechtsstaat am Aserbaidjan,*

*- ass sech bewosst, datt de Phänomen vun der Korruptioun an deem Land wäit verbreet ass a sech bis an déi héchste politesch Kreesser ausgebreet huet,*

*- bedauert, datt de Staatspräsident vum Aserbaidjan, S. E. den Här İlham Aliyev, sech géintiwwer Lëtzebuerg op eng net respektvoll Manéier ausgedréckt huet,*

*- ass zefridden iwwer d'Initiative vum Europarat, respektiv der Parlamentarescher Versammlung vum Europarat, fir Spezialrapporteurs oder Corapporteurs fir déi politesch Prisonéier an d'Behandlung vun de Prisonéier am Aserbaidjan ze ernennen,*

*- ass déif besuergt iwwer d'Verantwortung vum Aserbaidjan fir den Ausbroch vun dem rezente Konflikt am Nagorno-Karabach an déi Hëllefsléischungen, déi d'Tierkei dem Aserbaidjan an deem Kontext ginn huet,*

*- ass iwwerzeegt, datt all armeenesch Krichsgefaangener an armeenesch Zivilisten, déi nach am Aserbaidjan festgehalde ginn, esou séier wéi méiglech musse kënnen an hir Heemecht entlooss ginn, wéi et och vu villen internationalen Organisatiounen verlaangt gëtt,*

*stellt fest,*

*datt den Aserbaidjan d'Prinzipie vum ëstleche Partenariat vun der Europäescher Unioun net erfëllt (Respekt vum internationalen ëffentleche Recht, Engagement fir d'Demokratie, d'Mënscherechter an de Rechtsstaat, ewéi och eng gutt Regierungsféierung),*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- sech am Kader vun der Europäescher Unioun dofir anzesetzen, datt keen neit Ofkommen tëschent der Unioun an dem Aserbaidjan soll ofgeschloss ginn, esou laang et keng substantiell Fortschreiter am Beräich vun de Mënscherechter an deem Land gëtt an déi armeenesch Gefaangener nach net konnt an hiert Land zeréckgoen.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- An domadder soen ech lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Här Ausseminister, am Oktober 2020 hunn Indien a Südafrika bei der Welthandelsorganisatioun eng Demande deposéiert, fir d'Patentrechter op alle Produiten temporär auszusetzen, déi fir d'Bekämpfung vun der Covidpandemie néideg sinn. Déi Demande hätt et erlaabt, d'Eegeproduktioun vun den Entwécklungslänner weesentlech ze steigern an

de Kampf géint de Virus ze verstärken. Dës Initiativ ass warscheinlech vun deene meeschte Mënsche just als politesch Randnotiz wouergehall ginn.

Fir eis als déi Lénk huet se awer e grouss Symbolcharakter. Et hätt kënnen e Kippunkt sinn - ee Moment an der Geschicht, wou d'Entwécklung vun der Welt an eng aner Richtung gaange wier. Wou déi räich Länner der Welt signaliséiert hätten, datt d'Solidaritéit tëscht de Mënschen an d'Rette vu Mënscheliwwen iwwer nationalen Egoismen a kommerziellen Interessie steet. Et hätt kënnen eng nei Ära vu Multilateralismus a Kooperatioun agelaut ginn. Et war dat, zumindest an aussepolitescher Hisiicht, déi grouss Chance vun dëser Pandemie.

Mee et kourm anescht. Bekanntermoossen ass déi Initiativ vun deene räiche Länner blockéiert a versenkt ginn. Och dëst Haus huet déi Initiativ bei der WTO ofgeleent. Eng entsprechend Motioun vun déi Lénk krut hei am Parlament am Fréijoer just ganzer zwou Stëmmen: eis eegen!

Déi räich Länner hu jalous hir Technologien zur Covidbekämpfung fir sech gehalen a sech schützend virun d'Pharmakonzerner gestallt. Schlëmmer nach: Si hunn d'Impfstoffe all fir sech reservéiert, oft véier- bis fënnemol méi Vaccine bestallt, wéi se eigentlech brauchen - mam Ergebnis, datt aner Weltgéigende bis haut nach keng hunn.

Gëschter nach krute mir eng Äntwert op eng Question parlementaire: Iwwer 3 Milliounen Dosen Impfstoffe sinn am Ablack an der Bestellung fir Lëtzebuerg eleng, an dat wärenddeems op anere Plazen op der Welt knapp 4 % vun der Bevëlkerung geimpft sinn.

Här President, mir gesinn et ëmmer erëm: An der Baussepolitik geet et meeschtens ëm d'Preservéiere vun den eegenen Interessien an deene v sengesgläichen. Et geet vill manner ëm grouss universell an humanistesche Ziler. Et geet net an éischter Linn ëm d'Promotioun a scho guer net ëm d'Verteidege vu Mënscherechter. Den Här Asselborn ass elo vläicht net mat mir averstanen, well hie sech, wéi e gëschter sot, fir eis Wäerter an der Welt engagéiert. Mee leider weie Wierder manner wéi Doten. Aussepolitik ass meeschtens reng Realpolitik, wou et ëm déi national a communautaire, wirtschaftlech a politesch Interessie geet.

D'Pandemie huet d'Mënschen op dëser Welt dann och net méi nobruecht a si huet och net zu engem Émdenke gefouert. Am Géigendeel: D'Konkurrenzdenken tëscht de Staaten an de Repli op national Egoismen huet nach eemol zougehall. Déi räich a staark Länner drécke weiderhin hir Interessien ouni Skrupel duerch, während déi aarm a schwach Länner ëmmer erëm ënnert d'Rieder kommen. Déi räich Länner sinn ze dacks am Service vun hirer wirtschaftlecher Lobby. Fortschrittlech Moossname ginn dacks verschleefe gelooss. Loosst eis elo net deen Debakel vun Konfliktmineraliereglement erëm acht Joer verschleefe loosse, wéi et virdrun och schonn hei gesot gouf. Mënscherechtsverletzunge brauchen elo eng Äntwert!

Profitt muss ëmmer un zweeter Stell kommen, dofir sti mir als déi Lénk! E Liwwerkettegesetz muss also geschwë kommen, ob op EU-Niveau oder op nationalem Niveau. Dat ass egal, mee et muss eppes gescheien! Soss muss eppes un nationale Plang kommen. An deem Kontext froen ech mech dann och, wou d'Aarbechte vun deem interministerielle Komitee dro sinn a wéini mer do Resultater gesinn. An ech wier frou, wann den Här Minister géif dono dorobber agoen.

Mee d'Inegalitéite ginn net nëmme tëscht de Länner auserneen, mee och ënnerhalb vun de Länner. Déi iwwer Joerzëngten imposéiert neoliberal Ideologie huet de Gruet ëmmer méi grouss gemaach tëschent enger wuelhabender internationaler Elitt, déi a Saus a Braus leeft an enger grousser Majoritéit weltwäit vun der Weltbevëlkerung, déi knapps iwwert d'Ronne kënn oder an der Aarmut, an der extremer Aarmut leeft.

Wann ee sech e bësse méi genee auserneesetzt mat deene Strukture vun den Nord-Süd-Relatiounen, da weess een, dass eise Räichtum zum groussen Deel op der Ausbeutung vun globale Süde berout. Onfair Handelsreegelen, skrupellos Multinationalen, Landgrabbing, Steierevasioun an Ëmweltzerstéierung sinn e puer vun de Gesichter vun der Ausriichtung vun der internationaler Handels- a Produktiounspolitik. Dobäi kënn eng iwwerhiefllech politesch a kulturell Bevormundung.

An da staune mer op eemol, wann dorausser Problemer entstinn. Mir staunen, dass déi Leit sech net einfach esou mat hirer Aarmut offannen a sech och net brav ausbeute loosse. Mir staunen, dass et sozial Onroue gëtt an dass et zu politescher Onstabilitéit kënn, zu Terrorismus an zu Migratiounsbewegungen. Mir staunen doriwwer a froen eis, wat dann nëmme lass ass.

An déi gängeg Äntwert bei deene meeschten europäesche Politiker ass, d'Schold bei deem aneren ze sichen. Dat ass warscheinlech och weltwäit esou. Dass et zu politescher Onstabilitéit kënn, dat ass d'Schold vu korrupten, kalen Elitten, déi do ënnen





näischt op d'Rei kréien. Dass jonk Leit sech dem Terrorismus uschlëssen, ass d'Schold vun deene fanatesche reliëse Priedeger, déi si opstëppelen. An dass Milliounen Leit hir Heemecht verloossen a probéieren, e bessert Liewen ze fannen, dat ass d'Schold vu Schlepperbanden, déi dorausser wëlle Profit zéien.

Här President, déi sougenannten illegal Migratioun ze bekämpfen ass Symptombekämpfung. Terroris-musbekämpfung ass Symptombekämpfung. Meng Kolleegen am Niger, wou ech gelieft hunn, erziele mer, dass e Jonken, dee bei Boko Haram geet, méi verdéngt wéi e Schoulmeeschter, wat och net schwéier ass. Déi Jonk am Niger oder am Norde vun Nigeria oder am Norde vum Mosambik oder am Mali - egal wou - hu quasi keng Perspektiven an hire Länner. Wat solle si da maachen? Gi se an den Exil a migréiere se, si mer net frou. Schlësse se sech enger armierter Grupp un, si mer net frou. Egal wéi, hu mer quasi just repressiv Äntwerte fir si prett.

Mir baue Mauere ronderëm d'Festung Europa. Wësst Dir, wéi vill Maueren et am südleche Raum vun Europa gëtt? Ech hat mech eemol ameséiert viru Joren, fir dat ze recherchieren. Déi éischt Mauer ass op de Baussegrenzen, u Land, also an de südlechen EU-Länner. Déi zweet Mauer verleeft am Mëttelmier, kontrolléiert a verteidegt vu Frontex. Déi drëtt Mauer befënnt sech an de maghrebinesche Staaten, wou och Migranten ugehalen a kontrolléiert ginn. Déi véiert Mauer verleeft südlech vun de maghrebinesche Staaten, an zwar an der Sahara. An do gëtt d'Migratioun och bekämpft a Richtung vun Europa, an dat vu lokale Sécherheetskäften. Véier Maueren also mindestens, vun deenen ech weess, alles gesponsert vun der EU!

Verschiddener heibanne freeë sech eventuell iwwert dës Entwécklung. Ech net! Ech mengen och net, dass Maueren op Dauer eng Léisung sinn. Duerch déi Mauere fannen d'Migranten u sech eréischt op déi geféierlech Migratiounsrouten. An dat bréngt esou vill Dausenden Doudeger mat sech. Dofir ass dat eigentlech e Riseskandal, dass esou-vill Mënschen ëmmer erëm op de Migratiounsrouten ëm d'Liewe kommen, well et am Endeffekt d'Resultat ass vun där Festung Europa.

Maueren zerstéieren och Existenzen, well et muss ee wëssen, dass et traditionell vill Migratiounsbe-weegungen ënnerhalb vu Westafrika gëtt. Et gëtt Aarbechtmigratioun tëscht de Sahel-Länner an déi nordafrikanesch Staaten, mee och an d'Länner vum Golf vu Guinea. Et gëtt och traditionell Handels-weeër duerch d'Sahara, vun deene ganz vill Leit liewen. Alles dat gëtt vun der EU-finanzierter repres-siver Politik zerstéiert. Dat muss ee sech emol virstellen! Net ze schwätze vun deene Ressentimenter, déi mir géint Europa schüren, andeems mir zwar gär an hir Länner reesen, den ëmgedréinte Wee awer just mat ganz vill Geld geet oder ënner lie-wensgeféierleche Konditiounen.

Europa muss endlech den Ofbau vun den Inegalitéiten an de Mëttelpunkt vu senger Politik stellen, am-plaz se ëmmer weider unzedreiwën - net nëmmen innerhalv vum Kontinent, mee och an den Nopesch-regiounen. An deem Kontext muss ee feststellen, dass d'Noperschaftspolitik vun der EU hoffnungslos ënnerfinanziert ass. Vill Programmer sinn dann och nach direkt un déi Konditionalitéit vun der Migratiounskontroll gebonnen. Wann Europa wëllt zu engem méi harmonesche Verhältnis mat sengen Nopeschregiounen kommen, da muss och déi néideg Volontéit do sinn an dat néidegt Versteesdemech.

Här President, d'Europäesch Unioun ass aktuell an engem lamentablen Zoustand an et hëllef kengem, dat schéinzerieden. De Blockage tëschent de Memberstaaten ass mëttlerweil generaliséiert. De Gruel leeft tëschent Norden a Süden, tëschent deene sougenannte frugale Länner, déi hire Räich-tum wëlle fir sech halen, an deene südleche Länner, déi méi Solidaritéit afuerderen. De Gruel leeft awer och tëscht Osten a Westen, tëschent deene gesell-schaftsliberale Länner, déi méi Integratioun wëllen an deene reaktionären nationalistesche Regierun-gen, déi just un engem gemeinsame Marché inte-resséiert sinn.

D'Reform vun der Eurozon: Blockage. Gemeinsam Asylpolitik: Blockage. Rechtsstaatlechkeet, Erwei-derung, Steuerharmoniséierung, sozial Mindestrech-ter: Blockage.

A wat mécht een, wann een innepolitesch näischt méi op d'Rei kritt? Et lenkt een of, andeems een de Bléck no bausse riicht. „Global Europe“ heescht elo d'Zauberwuert mat Oprüstung a militäreschen Inter-ventiounscapacitéiten. An da geheit ee sech ein-fach emol an e Konflikt, dee wäit ewech ass - wéi deen am Mosambik -, just fir ekonomesche Interes-sien ze verteidegen, wéi mir et vum Minister confir-méiert kruten. Dat ass e Skandal!

An et gëtt ee jo ugelächelt, wann een dat uprangert. Mee dat geet wierlech net u mech, well ech sinn dat gewinnt, ugelächelt ze ginn. Am Kader vu meng-em Engagement fir Fridden a Gerechtegkeet am Noen Osten ass dat oft geschitt, wann een dann op d'Inkohärenzen an d'Doppelmoral opmierksam

mécht. „Dat ass Realpolitik“, kritt ee gesot. Mir brauche verschidde Partner, och wa se nach esou autoritär a mënschefeindlech sinn. Mir brauchen déi Ressourcen, mir brauchen déi Regimier.

Mir brauchen anscheinend Ägypten fir d'Stabilitéit an der Regioun, hunn ech mer eemol vun engem Diplomat erkläre gelooss. Et bräicht een e rouege Pilier an der Regioun, e rouege Pilier: en autoritäre Regimm, wou Journalisten, Mënscherechtsaktivi-sten, zivillgesellschaftlech Leadere verfollegt an agespaart ginn an oppositionell Stëmmen ënner-dréckt ginn.

Mir brauchen d'Tierkei - dat Land, deem mer 6 Mil-liarde geschéckt hunn, fir dass si Milliounen Flücht-linge bei sech halen. E Land, an deem Dausende Mënscherechtsaktivisten a Journaliste verfollegt an agespaart ginn, an deem Membere vun opposi-tionelle politeschen oder eethnesche Gruppe mat System verfollegt ginn.

Och d'Vereenegt Emirater souwéi Saudiarabien si beléifte Partnerlänner. Mir hu gemeinsam Ziler: virun allem Business an Nation Branding. Well wat ass déi Ausstellung zu Dubai da soss, wann net e risegen Nation Branding, wou sech d'Hänn wäiss-gewäsch ginn? Erënnere mer drun, dass béid Län-ner ënnert der Leedung vu Saudiarabien en on-mënschleche Krich am Jemen ugestachelt hunn.

An de Vereenegten Arabeschen Emirater ginn des Weideren oppositionell Stëmmen ënnerdréckt an agespaart. A Saudiarabien ginn et keng minimal de-mokratesch Rechter a Mënscherechter. Mënsche-rechtsaktivisten a Journalisten an oppositionell Stëmme gi verfollegt.

Wie schwätzt dann nach vum Konflikt am Jemen? D'humanitär Situatioun ass nach ëmmer katastro-phal an de Krich ass net eriwwer. Et ass natierlech net am Interessi vu Saudiarabien, dass de Konflikt ze vill belicht gëtt. Bei Loftugrëffer vun der saudiarabescher Koalitioun sinn, UNO-Recherchen no, säit 2015 18.000 Ziviliste verletzt oder ëm-bruecht ginn. Wéi kann d'international Gemein-schaft a virun allem wéi kënnen eis westlech Staate sech nach hei am Spigel kucken?

Här President, wann ech keng Sensibilitéit fir Mën-schen ouni Stëmm an ouni Lobby hätt, da stéing ech net hei. En anert vergiessent Vollek sinn d'Kurden. An der Tierkei gi si systematesch verfol-legt. Am Norde vu Syrien hu si no jorelaange Kämpf de sougenannten Islamesche Staat an d'Knéie gezwongen, krute kuerz Applaus, goufe bewonnert an du schnell nees vergiess. Elo liewe si ouni inter-national politesch Ënnerstëtzung, sech eleng iwwerlooss, tëschent Groussmuechten, déi eigentlech näischt anescht wëllen, wéi si lasszeginn.

Et gëtt esou Völker oder Gruppen, nennt se, wéi Der wëllt, déi net verwinnt sinn, déi just sech selwer hunn, déi op kee kënnen bauen an déi sech selwer iwwerlooss sinn. A sou geet et och de Palästi-nenser. Och si fille sech verlooss a vergiess vun der internationaler Gemeinschaft. Den Ausseminister weess dat nëmmen ze gutt.

D'europäesch Staaten, déi zum groussen Deel déi historesch Verantwortung fir den Noostkonflikt droen, mee och d'Arabesch Liga, hu ganz aner Inte-ressien. Déi Interessien nennt een och „Normali-séierung“. Eis westlech Staaten, mee och elo rezent d'arabesch Staaten, „normaliséieren“ hir Relatioune mat Israel. An dobäi ginn d'Palästinenser natierlech vergiess.

Wie këmmert sech dann eigentlech nach ëm déi Vergiessen ouni Stëmm? D'Palästinenser hu keng Lobby, déi ze vergläichen ass mat där vun Israel. An eng zivillgesellschaftlech Organisatioun, déi sech fir d'Mënscherechter engagéiert, ass net ze ver-gläiche mat den aussendéngschtleche Servicern vun engem Staatsapparat wéi dee vum Staat Israel.

D'UNO huet hei versot an d'EU och. D'EU ass inca-pabel, iergendwéi kloer a konsequent do anze-sprangen, wou Mënscherechter verletzt ginn. D'Pa-lästinenser liewe säit iwwer 50 Joer ënner enger aggressiver militärescher Besetzung an enger kolo-nialer Siidlungspolitik. Net säit gëschter! Wéi kënnen mir eis dat nach schéierieden?

An der Gazasträif herrscht eng humanitär Kata-stroph, wéi wuel kaum ee sech se hei ka virstellen, ausser vläicht den Ausseminis-ter. D'UNO huet d'Gazasträif - wou 2 Milliounen Awunner liewen, an op engem Siwentel vu Lëtzebuerg, stellt lech dat emol vir! -, säit 2020 als net bewunnbar deklaréiert. Den illegale Blocus vun der Gazasträif muss direkt opgehewe ginn. Et ass eng riseg politesch, huma-nitär a mënschlech Katastroph, a mir sinn all mat-verantwortlech. Deen, deen ewechkuckt, ass mat-verantwortlech.

Wéi seet de südafrikaneschen Äerzbëschof a Frid-densnobelpräisträger Desmond Tutu: „Wann s du neutral bass an enger Situatioun vun Ongerech-tegkeet, dann hues du d'Säit vum Ënnerdrécker ge-wielt!“

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*). - Et ass Zäit, fir d'Wierder duerch Doten ze ersetzen. A wa Wier-

der näischt bréngen, da muss ee vläicht, wéi den Här Ausseminister gëschter gesot huet, Conditio-nalitéite setzen: Keng EU-Gelder, wann d'Mënsche-rechter net respektéiert ginn a wa kee Rechtsstaat besteet!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*). - A firwat soll dat da just fir EU-Länner gëllen? kéint dat dann net och fir Net-EU-Länner gëllen, déi eis souguer frëndlech gesénnt sinn? Dat wär eng Fro an ech wär ganz frou, wann den Här Ausseminister duerno kéint dozou Stellung huelen.

Zum Beispill soll geschwënn de Budget vum Re-chercheprogramm Horizon Europe 2021-2027 ge-stëmmt ginn. Israel géif an deem Kontext e puer Honnert Milliounen Euro europäesch Finanzemen-ter erhalen. D'Konditiounen fir deelzehuele sinn awer de Respekt vun de Mënscherechter a vum inter-nationale Recht. D'Deelhuele vum Staat Israel ass also dowéinst eleng schonn héich problematesch a misst a Fro gestallt ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir brauche Politik-kohärenz, keng Doppelmoral, net dat eent priede-gen an dat anert maachen. Ech weess, dass den Ausseminister sech relativ vill Méi gëtt, ech adres-séiere mech dann och hei u meng Kolleegen. Wann Der wëllt, dass d'Bierger der Politik nees Vertraue schenken, dass se nees un d'EU gleewen, dann hu mer Interessi, méi kohärent a méi éierlech ze handeln.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*). - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Präsident*. - Merci villmools, Madam Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*). - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll wéi ëmmer als Éischt emol mat deene positive Punkten, déi ech aus dem Ausseminister senger Ried zrëckbehal-len hunn, ufänken.

Mir Piraten sinn och der Meenung, datt d'EU, wat d'Uschafung vum Impfstoff an dem Erstelle vun de Covidcertificaten ugeet, gutt a séier geschafft huet. Mir géifen eis esou eng Handlungsfäegkeet och an aneren Dossiere wënschen.

Mir begrëissen och, datt Lëtzebuerg ënnert deene Länner ass, déi sech op der COP26 géint d'Ofhol-zung vu Bëscher a fir e reduziéierte Methanaus-stouss asetzen.

Mir Piraten sinn och ganz d'accord, wann hie méi Ustrengung vun der EU bei de Rechtsstaatlech-keetsmechanisme fuerdert. Des Weidere begrësse mer et, datt Lëtzebuerg an den UN-Mënscherechts-rot gewielt gouf a sech do fir de Rechtsstaat an d'Kanner- an d'Fraerechter asetzt.

Allerdéngs kann ech dem Minister seng Nostalgie net ganz deelen. Et ass einfach ze soen, virun 10 bis 15 Joer war alles besser. E Réckbléck ass ëm-mer flott. An et soll een aus der Vergaangenheet an aus verpasste Chancë léieren. Mee elo si mer am November 2021 a mir mussen eis op haut a virun allem op muer konzentréieren. Well schonn haut spiere mir d'Konsequenze vum Klimawandel. A scho muer musse mer decidéieren, wat mer wëlle maachen, fir d'Konsequenze vun der 2-Grad-Erwär-mung oder souguer méi ze verhënnern, oder do-madder ze liewen.

D'COP26 ass nach net eriwwer, mee d'Resultater, déi bis elo virleien, si méi wéi ernüchternd, a mir si skeptesch, ob bis e Freideg nach e couragéierten Accord tëscht de Länner ka fonnt ginn. Well beim beschte Wëllen ass e Stopp vun der Ofholzung vun de Bëscher bis 2030 nëmmen eng mini Mesure gé-int e Problem, deen all d'Generatiounen no eis präge wäert.

Mir fuerderen, datt déi Responsabel esou laang um Dësch sëtze bleiwen, bis kloer a couragéiert Me-surë festgehal ginn, déi eis et erméiglechen, déi 1,5 Grad awer nach ze erreechen. Mir kënnen dëst Zil einfach nach net opginn, just well et am Moment schlecht ausgesäit, wann et drëm geet, et ze er-reechen. Et gëtt keng Alternativ.

Wann déi aktuell Efforten net duerginn, da musse mir eeben nach méi maachen an net einfach just d'Zil virun eis hierschiben.

De Minister huet erkläert, datt eng gréng Transi-tioun och eng Finanztransitioun muss sinn an datt Lëtzebuerg mat senge Green Bonds hei Virreider wär. Do schwätzt de Rapport vu Greenpeace zum Potenzial vu gréngen Finanzen awer eng ganz aner Sprooch. De Rapport seet nämlech kloer, datt eis gréng Finanzpolitik bis elo kaum e positiven Impakt gewisen hätt, dëst, well bindend Krittäre feelen a mir einfach net ambitiéis genuch sinn. D'Fuerscher hu festgestallt, datt et momentan nëmmen e mini-malen Ënnerscheed mécht, ob a Lëtzebuurger konventionell Fongen oder an nohalteg Fongen in-vestéiert gëtt.

Nieft dem Klimawandel, deen aussepolitesch eise gréissten Defi duerstellt, wëll awer och ech op

dëser Plaz op d'Covid-19-Pandemie ze schwätze kommen. D'Pandemie huet eis deelweis gewisen, datt mer an Europa duerchaus kënnen zesumme-schaffen, wa mer da wëllen. Si huet eis anerersäits awer och gewisen, datt d'Solidaritéit awer leider net ëmmer eis gréisste Stärkt ass.

Jo, Europa huet am Géigesaz zu Amerika oder England net den Export vu Covidvaccinen an aner Länner gestoppt. Mee mir hunn hei an dësem héijen Haus Motioune virgeluecht, an deene mer eis derfir ausgeschwat hunn, datt de Vaccin gläichméisseg op der Welt géif verdeelt ginn. Dat ass bis elo leider net de Fall a misst ganz dréngend nogeholl ginn.

Et gëtt Länner wéi de Benin, do hu bis elo eréischt 2 % vun der Populatioun eng Sprëtzt konnte kréien. Mir, also Lëtzebuerg, hu ronn 13.000 AstraZeneca-Sprëtzen, déi Enn des Mounts net méi ze gebrauchte sinn, am Keller am Freezer leien. Deen Impfstoff ass net fir eng Boosterimpfung zougelooss, an d'Leit, déi sech elo fir d'ëischt impfe loossen, wëlle ganz séier duerchgeimpft ginn, fir kënnen vum CovidCheck-Regimm ze profitéieren a wäerten duerfir och net fräiwëlleg op den AstraZeneca zrëckgräifen. Duerfir muss Lëtzebuerg kucken, dës Dosen, grad wéi all aner Dosen, déi mer vun dësem Hiersteller nach kréien a bestallt hunn, séier un aner Länner weiderzeginn, un déi Länner, déi se brauchen.

A jo, ech begrëissen all Effort, dee mer an deene leschten Deeg do gemaach hunn, fir Frigoen ze ver-schécken, fir Dosen ze verschécken, fir se ze ver-schenken, do wou et machbar ass. An hei geet et drëm, an där Linn weiderzefueren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann ee vu Länner a Mënsche schwätzt, déi Hëllef brau-chen, da muss een och iwwert déi Leit schwätzen, déi an Europa Schutz sichen.

Mir Piraten schwätzen eis europawäit géint illegal Pushbacks vu Flüchtlingen aus. Dëst ass mën-schenonwiederig an e Verrot un de Wäerter vun der Europäescher Unioun. Eis Grenze solle fir jiddereen, deen an Nout ass, op sinn. Mir hoffen, datt den iwwerschaftene Schengen-Accord dëst och erëmspi-gelt. Dës Leit kommen an Europa, well se hirer Hänn kee Rot méi wëssen.

Ech wäert heiroop och nach eng kéier spéider am Projet iwwer Kroatien zrëckkommen. An duerfir wäert ech elo als Éischt nach op d'Situatioun vun den Afghanen ze schwätze kommen.

Den Här Minister huet vun engem Debakel ge-schwat. Do kann ech ëm nëmmen Recht ginn. Mee dat war net nëmmen een Debakel vusäite vun den USA, well mir hunn de Minister schonn am Juni hei an der Chamber op d'Situatioun opmierksam ge-maach. An hei gouf gesot, Zitat: „Mir waarden op eng international Approche.“

Bref, herno ass et esou séier gaangen, datt d'Leit um Flughafen zu Kabul iwwerenee geklomme sinn, fir nach an e Fliger eranzekommen, a vun där inter-nationaler Approche war, wann ech mer dat esou erlabe kann ze soen, näischt iwwreg. Et war jidd-weree fir sech, an deen, deen als Éischten nach iergendwou eng Plaz an engem Fliger krut, dee krut eng, a wien ze spéit war, jo, „den Letzten beißen die Hunde“, seet een op Däitsch. De Problem ass, déi Hënn hei hu Kalaschnikowen, an ech mengen, datt et mat engem Bëss net duergaangen ass.

Elo gëtt et dann eng Rei Leit, déi zu Lëtzebuerg awer Schutz fonnt hunn. Mee wéi Reporter.lu richtig getitelt huet, sëtze se elo an enger vun der Politik gewollter Waardeschläif. Dës Leit haten On-sécherheet genuch an hirem Liewen an hir Dossiere sollten elo séier traitéiert ginn.

Mir Piraten fuerdere scho laang, datt all Dossier, deen net no engem Joer bearbecht ginn ass, muss mat der Zouso vun dem Statut BPI ofgeschloss ginn. Dës Leit kënnen näischt derfir, datt hir Don-néeen duerch de Muechtwiessel zu Kabul deelweis einfach net méi kënnen iwwerpräift ginn.

A wann de Minister hei dervu schwätzt, datt déi Leit zu Lëtzebuerg sécher sinn an net wäerten zrëckge-fouert ginn, dann ass dat jo gutt. Mee déi Leit liewe jo dann awer weider an enger Onsécherheet. Si hu kee feste Statut, kënnen sech keng eege Wunneng oder Aarbecht sichen, ausser se profitéiere vun enger vun deene raren Ausnamen, a musse fäerten, datt se dann awer iergendwann zrëckgeschéckt ginn.

61 % vun den Asyldemandë vun Afghanen goufen 2020 ofgeleent - ofgeleent, net en attente gehalen, ofgeleent. An awer sinn déi Leit nach hei. Wa se kee grouss genuche Sécherheitsrisiko duerstellen, fir se heemzeschécken, also an den Afghanistan, e Land, wat definitiv am Moment net als séchert Hierkonftsland ka betitelt ginn, da sollte mer hinnen dach schnellstméiglechst iwwert de Statut vun engem BPI hëllefen, sech an eiser Gesellschaft ze integréieren.

Mir Piraten sinn der Meenung, datt eis Regierung méi fir dës Mënsche maache kann a soll.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Ausseminister huet d'Situatioun a ville Länner op





der Welt a senger Ried vu gëschter duergeluecht. E klengen Tour du monde, net an 80 Deeg, mee an e puer méi Minutten. Ech muss mech aus zäitleche Grënn awer op zwee Länner ausserhalb vun der EU begrenzen, an ech hu mech do fir China an Taiwan entscheet.

Wéi de Minister scho richteg duergeluecht huet, weist China ëmmer méi beonrouegend Tendenzen. D'Situatioun vun den Uiguren huet sech an deene leschten zwielef Méint net verbessert.

Ech hat op dëser Plaz d'lescht Joer och d'Situatioun an Hongkong ugeschwat. Och hei huet sech näischt verbessert. China deit ëmmer méi oft un, datt se mat der de-facto-Onofhängegkeet vun Taiwan net méi laang d'accord wäerte sinn. Hei begrëssen ech déi Initiativ, déi ënner anerem vun der europäescher Piraten-Deputéierter Gregorová kouw, fir Taiwan ze besichen. Och vun eis heibanne ware schonn eng Rëtsch Leit am Taiwan a konnte sech sur place iwwert d'Ängschten an d'Wënsch vun dësem demokratesche Staat informéieren.

Ech wëll ganz kloer soen, datt Taiwan e wichtege Partner fir Europa kann a muss sinn. Well ech hu keng Containeren vu China hei zu Lëtzebuerg ukomme gesi mat Donen u Masken, wéi mer se am dréngendste gebraucht hunn, et sinn der awer aus dem Taiwan komm.

China probéiert, d'taiwanesch Autoritéiten duerch massiivt Andréngen an hire Loftraum nervös ze maachen a schéngt just drop ze waarden, datt e Feeler geschitt, datt de Fonken un deem Polverfaass zünt an et zu der gewollter provoziierter Explosioun kënn. Ronn 40 chinesesch Fligere hunn an engem eenzegen Dag am Oktober den taiwanesche Loftraum net respektéiert.

Ech schwätzen elo mol guer net iwwert d'forcéiert Ausluede respektiv, net emol als Observateur, d'Zouloossen an internationale Gremien, wou och dës Chamber sech schonn e puermol fir méi e staarken Engagement an eng méi staark Presenz vum Taiwan staark gemaach huet. Esou vill Fligere waren et der nach ni. An duerfir sollt d'EU hei och ganz no en A drophalen, wéi China mat sengem klengen Noper ëmgeet.

Mir dierfen d'Hoffnung op en demokratescht Taiwan an en nohaltegt a mënschefrëndlecht China net opginn, mee d'Zeeche stinn am Moment net gutt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir Piraten begrëssen, datt een interministerielle Komitee ënnert der Koordinatioun vum Ausseministère agesat gouf, op Basis vun deem sengem Rapport dann e Liwwerkettegesetz soll ausgeschafft ginn. Mir fuerderen hei awer e konkrete zäitleche Kader, an deem e Progrès um EU-Niveau komme muss, well soss ass et eng Aktioun, déi awer iergendwou am Sand wäert verlafen.

Mir dierfen hei net méi laang waarden a mir musse kloer soen: Wann an x Joer keng Direktiv virläit, da leet d'Regierung hiren eegene Projet vir.

Éier ech zum Schlusswuert kommen, wëll ech awer nach op e weidert Thema agoen: den Dateschutz an der EU. Wéi mer d'lescht Woch gewuer gi sinn, huet Lëtzebuerg probéiert, vum Messenger-Déngscht Signal Informatiounen zu engem User ze kréien.

Mir Piraten hunn nach eng QP dozou lafen an duerfir wëll ech hei net ze laang drop agoen. Mee et muss eis awer ze denke ginn, datt d'Lëtzebuurger Justiz dëst probéiert huet an datt se scheinbar net weess, wéi Signal funktionéiert. Dës Ufro weist awer och op en europäesche Problem hin, nämlech dee vum Chatcontrol. No enger éischter Direktiv, wéinst där mer d'lescht Joer och eng Aktualitéitsstonn aberuff haten, fir d'Regierung op d'Gefore vun esou enger Legislatioun opmierksam ze maachen, soll elo ganz einfach eng zweet kommen. Dës soll d'Chatcontrol dann obligatoresch fir all Messenger-an E-Mail-Déngscht maachen.

Mir Piraten sinn absolutt géint esou e Mechanismus. A mir wäerten, wann den zweeten Text virläit, dësen an dësem Haus nach emol zur Sprooch bréngen, well dëst Thema ass ze wichteg, fir et ënnert den Dësch falen ze loossen.

Gläichzäitig wëll ech awer och soen, datt mir Piraten ganz besuergt op den Digital Services Act an den Digital Market Act kucken. D'Propos vun engem Digital Service Act, esou wéi se elo um Dësch läit, wäert d'End-to-end Encryption de facto onméiglech maachen an Uploadfilteren, déi vun Algorithme gesteuert ginn, géife Realitéit ginn.

Dës Uploadfiltere wäere sécher net feelerfräi an d'Providere vun de Säiten an Appe géifen d'Kritären esou rigid wéi méiglech halen, fir sech net selwer ugräifbar ze maachen. A wann Der mer elo sot: „Dat gëtt technologesch geléist“, da kuckt eng Kéier, wann Der op iergendengem groussen Internetsite probéiert, eppes ze kafen, datt Der vun där kënschtlecher Intelligenz, op déi hei gebaut gëtt, 90 Deeg laang dann duerno fir dat, wat Der grad kaaft hutt, nach weider Werbung ugewise kritt. Also, wäit ass et mat der kënschtlecher Intelligenz nach net hier!

A wann esou Uploadfiltere kommen, bedeit dat extreem Aschränkunge vun de Fräiheeten am Internet. D'Piraten europawäit wäerte sech bis zum Schluss géint esou Texter asetzen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Europa muss exemplareshch fir Mënscherechter op der Welt stoen. Wéi mer am Moment awer vu verschiddene Memberstaate gesinn, geet et an déi entgéegengesate Richtung.

Mir Piraten verurteilen d'Ofdreiwungsgesetzer vu Polen an anere Länner, déi, wéi et schéngt, elo schonn hiert éischt Affer fonnt hunn. Mir verurteile Pushbacks op eise Grenzen a Gewaltakte géint Mënschen, déi op eise Kontinent wëlle flüchten, well se hirer Hänn kee Rot méi wëssen. Mir dierfen net zouloossen, datt Fraen a Männer weiderhi vu Grenzpolizisten drangsaléiert a mëssshandelt ginn an an de Bëscher ouni lessen an an der Keelt eleng gelooss ginn.

Ech wëll duerfir op dëser Plaz mäi Merci auschwätze fir déi Leit, déi sech op deene Grenzen derfir asetzen, datt deene Leit gehollef gëtt, an ech wëll och ganz kloer soen: Wann en europäescht Land net méi den europäesche Wee wëllt goen, dann huet et keng Hëllef vun Europa méi zegutt! Esou einfach muss dat sinn.

Mir fuerderen duerfir grad wéi d'EU-Parlament, datt d'Kommissioun de Rechtsstaatlechkeetsmechanismus endlech declenchéiert an datt keng weider Gelder méi u Länner wéi Ungarn a Polen iwwerwise ginn, soulaang si sech net méi zu den europäesche Wäerter bekennen a mengen, si misste sech net un dat europäescht Recht halen.

Mir als EU hunn eng Virbildfunktioun, an déi musse mer verdeedegen an ausbauen. An hei dierfe mer keng faul Kompromësser agoen. Dat muss d'Zil vun eis all sinn. An hei musse mer zesummen dru schaffen.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren an hoffen, datt mer an där nächster aussepolitische Ried iwwer méi positiv Entwécklungen an Europa an an der Welt schwätze kënnen. Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

#### *Prise de position du Gouvernement*

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Här President.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Ausseminister.

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Ech sinn nach net hei.

#### *(Hilarité)*

Sou, d'Zäit leeft eis fort. Ech probéieren, fir kuerz ze sinn. Mee ech wëll awer och net onhéiflech sinn an op näischt äntworten.

Dat Éischt ass: Ech fänken natierlech mat der gréisster Oppositionspartei un. Bon, esou schlëmm sinn déi Antagonismen tëscht der CSV an der Regierungskoalitioun a Saachen Aussepolitik net. Et ass jo e puermol betount gi vum Här Wiseler, dass en do ganz mat eis d'accord ass. En huet geschwat vun engem Paradigmewissel. Zënter deene 17 Joer, wou ech d'Chance hunn, do derbäi ze sinn - oder de Pech, et ass egal -, wann ee kuckt, ass et 2005 jo schonn ugaangen, dass Nee gesot ginn ass zum Verfassungsvertrag, wat kee geduecht hat. D'Finanzkris ass 2008 komm, 2014 d'Krim, dunn 2015 déi grouss Migrationkris, 2016 war e fataalt Joer fir Europa, nämlech de Brexit an natierlech och d'Wal vum Här Trump, an dunn 2020 de Covid.

Also, ech mengen, mir ginn eis net eens, och an deenen nächsten zwee Joer net, iwwert déi Maquette oder Matrice do, wéi dat genant gëtt. Ech menge carrement, d'Aussepolitik, do gëtt et keng Schabloun, et gëtt keng rationell Agenda, déi ee ka Jore virdu fixéieren, oder souguer zwee Joer am Virus fixéieren, wat dann elo d'Thema ass. Meng Äntwert dorobber, datt ass den Alldag, deen ech liewen. Mir investéieren eis an der Verdeidegung vun der Europäescher Unioun hire Wäerter, no banne wéi no baussen. An ech mengen, mir hunn och guer keen anere Choix. Dat ass op jidde Fall déi Zilrichtung, déi mer eis ginn. An natierlech vergiesse mer och, wéi all Land vun der Europäescher Unioun, eis national Interessen dobäi net. Mee d'Richtung ass eeben déi: d'Themen, déi mer an der Europäescher Unioun ze léisen hunn.

Dat Zweet, wat ech wollt soen zum Här Wiseler: D'Unanimitéit - an et waren och nach aner Kolleegen, déi dat ugeschwat hunn -, also, mir kënnen dat all Joer natierlech widerhuelen, datt ass och gutt, ech muss dat och maachen, mee fir d'Unanimitéit ze dréien, brauche mer Unanimitéit! An do kënnen mer eis elo op de Kapp stellen, ech gesinn éischter, dass mer 2050 klimaneutral sinn, wéi dass mer d'Eestëmmegkeet ewech hunn an der Aussepolitik.

Da wollt ech zu China vläicht e puer Wuert soen zu deem MoU, deen den Här Wiseler jo ugeschwat huet mat China. Ech wëll hei kloer soen, dass mer deen MoU een an en halleft Joer laang deemools negociéiert hu mat China a mir hunn dat gemaach am Accord mat Bréssel. Bréssel war mat all Schratt, dee mer do verhandelt hunn, an och mat all Text d'accord. An deem Text ass iwwerhaupt keen Engagement, wéi dat an anere Länner ass, fir hei Interessen ze iwwerhuelen. Ech mengen, dat ass eppes gewiescht, wat eng reng Lëtzebuurger Interpretatioun war, net eng chinesesch Interpretatioun vun deem MoU. An Dir hutt och gesinn, dass mer als Lëtzebuerg net gezéckt hunn, wéi et ëm d'Defense gaangen ass vun de Mëscherechter vun den Uiguren, dass mer do derfir waren.

Ech wëll awer och hei soen, just rappelléieren, ech hunn dat net erfonnt: Mee hei zu Lëtzebuerg funktionéiere siwe Banken, wat siwe chinesesch Banke sinn, wou immens vill Leit schaffen an déi eng immens grouss Influenz an och Potenzial zu Lëtzebuerg hunn. Also, och dat, mengen ech, ass eppes, wat een awer muss e weéneeg am Hannerkapp hunn.

■ **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien!

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Da wollt ech soen, dass mer a Saachen Afghanistan, ...

■ **Une voix**.- Den Här Mosar, ...

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- ... Afghanistan, dass mer do selbstverständlech - och verschidde Kolleegen hunn dat ugeschwat - eng aner Approche hate vu virera wéi d'Amerikaner. D'Amerikaner waren ëmmer fokusséiert drop, Nine-Eleven an déi Konsequenzen aus der Welt ze kréien aus hirer Siicht. A wéi dat bis gefall war, du war och eigentlech hiren Engagement, wéi si dat gesinn hunn, do eriwuer.

Dat war net déi Optioun, déi mir als Europäesch Unioun geholl haten. Als Europäesch Unioun wollte mer effektiv der Demokratie eng Chance ginn.

Ech wëll hei just soen, dass do Dausende jonk Mënschen hiert Liewe gelooss hunn, Amerikaner an och Europäer, well mer jo wollten, dass mer et zu eppes bréngen, wou d'Fraen an d'Meedercher virun allem net méi wéi Hausdéiere behandelt ginn, mee wou se an deene leschten 20 Joer jo och eng Chance haten, fir an der Gesellschaft eng Roll ze spillen an och als Mënsche consideréiert ze ginn. Dat war eng nobel Tâche, déi mer eis ginn hunn. Bon, déi ass vläicht verfeelt, d'Madamm Oberweis huet dat gesot. Vlächht hu mir, an och anerer, eis ze fréi do zrëckgezunn, vlächht hu mer eis net genuch mat der Zivilgesellschaft beschäftigt. Mir, dat ass eeben déi international Communautéit, d'UNO huet effektiv do a mengen Aen och mat versot, an d'Europäesch Unioun huet natierlech elo d'Konsequenze matzedroen a si därerf net op déi aner Säit kucken.

Wäissrussland a Polen, ech mengen, et sinn och e puer Leit, déi dat ugeschwat hunn. Ech wëll lech soen, dass de Mueren e COREPER (ndlr: Comité des représentants permanents) war just iwwert déi Situatioun op der Grenz. An an der Europäescher Unioun, vlächht schonn e Méindeg, wäerte mer en zweete Paquet vu Mesuren, vu Sanktiounen virgesi géint dee Regimm. Dat ass ganz, ganz grav, wat do geschitt. Dir wësst vlächht, datt ass ëmmer méi bewisen elo, dass de Lukaschenko an all déi Passeuren - ech soen, dat si Gängsteren -, déi de Leit e puer Dausend Euro aus der Täsch huelen, do praktesch d'Hallschent dorunner verdéngen, also Milliounen domadder verdéngen. An dat kann net zougelooss ginn, dass ee Regimm dat iwwerhaupt mécht.

An duerfir, mir musse wëssen, dass déi Fligere aus verschiddenen Direktiounen kommen. Bon, dat muss festgehalen ginn an dat gëtt och analyséiert vum Service d'action extérieure. An ech mengen, opgrond vun deem ginn och do da ganz séier Mesurë geholl.

Wat d'Solidaritéit ugeet mat deene Länner, déi be-traff sinn, ass et kloer souwuel Lettland wéi och Litauen an och Polen. Mee natierlech, wann ee seet: „Et ass net e Problem tëscht Polen a Wäissrussland, et ass en europäesche Problem“, da musse sen och d'europäesch Spillregele spillen. Dat heescht, da muss och Frontex ageschalt ginn, an net nëmme Frontex, mee och d'OIM, d'UNHCR, all déi humanitär Organisatiounen vun der UNO mussen da mat an d'Spill kommen. An dat ass de Moment jo a Polen net de Fall an duerfir ass dat schonn eng zimmlech schwierig Situatioun, déi mer elo do hunn. A wéi soll een do hëllefen? Ech mengen, d'Grenzen opmaachen, dat ass net méiglech, dat ass net machbar, well soss kréie mer net nëmmen do deen Drock, da kréie mer och op anere Plazen an Europa deen Drock, an dat ass immens schwéier.

Natierlech, wann ee gesäit, dass Kanner do am Bësch praktesch erfréieren, all déi Biller, déi ee gesäit, do muss een natierlech och erëm oppassen! Well dat si Biller, déi eleng vun de Polen op de Schierm gesat ginn. Ob dat alles esou stëmmt, ass

eng Fro, déi natierlech muss analyséiert ginn. Mee egal wéi, wann et och nëmmen e puer Biller sinn, déi stëmmen, ass et eng onméiglech Situatioun um humanitéit Plang, an déi muss ee versichen, esou séier wéi méiglech an de Grëff ze kréien.

Wat elo Israel ugeet, ech mengen, dat ass jo och ëmmer erëm komm, a Palästina - fir d'éischt den Här Wiseler: Ech hu gëschter wierklech versicht, objektiv ze soen, dass mer mussen erëm zu enger Zweestaateléising zrëckkommen. Wa mer wëllen - an do sidd Der jo och d'accord -, wa mer wëllen zu enger Zweestaateléising zrëckkommen, da muss Israel ophalen, fir d'Logementen, d'Kolonie weider ze bauen. Dat geet net! Et kann een net soen: „Mir wëllen eng Zweestaateléising!“, an dann huele mer de Palästinenser den Terrain ewech a mir baue selwer dann dohinner am Westjordanland Haiser.

Et muss och ophéieren, dass an Ostjerusalem, wou Palästinenser zënter Generatiounen wunnen, Israelie kommen a soen: „Vu muer un hutt Der kee Recht méi, hei ze wunnen. Eraus mat lech!“ All dat, wann dat weidergeet, da kënn et net zu enger Zweestaateléising. An duerfir hunn ech kloer gesot, dass ee muss erëm zrëckkommen op d'Sourcen.

Wat sinn d'Sourcë fir eng Zweestaateléising? Dat ass d'Unerkennung vun de Grenze vun 1967, an Ostjerusalem als d'Hauptstad vu Palästina. Dat sinn d'Voraussetzungen.

Ech soen och elo direkt: Déi Hoffnung, déi besteet - an de palästinensesche Premierminister war jo och bei mer -, ass, dass Europa eng Roll spillt. Fir dass Europa kann eng Roll spillen, muss Europa eng Positioun hunn! Eng a keng dräi a keng véier. Mir hunn net eng Positioun. Mir haten eng Positioun zwëschent 2009 an 2016, bis zum Brexit, dunn ass déi Positioun ausernanergeflunn. Mir hunn déi net. A wa mer keng Positioun hunn, Här Wiseler, da kënnen mer beim beschte Wëllen net als e seriöen - wéi nennt een dat? - Mediateur do fungéieren. Mir bréngen do näischt fäerdeg. An dat ass eis eege Schold! Dat ass den Europäer hir Schold.

Ech versprechen lech, dass Lëtzebuerg op där Schinn bleift, wou mer wierklech wëllen op dat Zil kommen, wat ech lech elo gesot hunn, wou international Recht respektéiert gëtt a wou natierlech Israel net méi dat därerf weidermaachen, wat et bis elo mécht, a wou natierlech och Palästina et muss fäerdegbréngen, dass Walen ofgehalen ginn. Déi lescht Walen, déi a Palästina waren, waren 2005.

#### *(Interruption)*

Gelif?

#### *(Interruption)*

Jo. Et waren 93 % derfir, fir dass déi Walen do stattfannen, an et ass am leschte Moment ofgesot ginn.

Just mat de Rakéiten, dat wëll ech net justifizéieren, dat ass net ze justifizéieren! Mee ech war véiermol a Gaza! Ech hunn dat schonn eng Kéier hei gesot. Wann een eng Kéier Gaza gesinn huet, ech mengen, Dir hutt et gesot, Madamm Oberweis, dat ass e Siwentel vun eisem Territoire - dat ass de Kanton Klierf mat engem anere Kanton derbäi -, do wunnen 2 Milliounen Leit - 2 Milliounen Leit! A wann een déi Zoustänn gesäit, déi do sinn, wéi déi Leit do agespaart sinn, ënner wat fir Konditiounen dass se agespaart sinn! Ech soen lech - dat si Palästinenser -, ech hunn dat schonn eng Kéier hei gesot, ech soen et nach eng Kéier: Wann dat Belsch wieren oder Fransosen oder Lëtzebuurger, déi géifen och reagéieren! Dat ass net auszehalen. An duerfir musse mer et fäerdegbréngen, dass een erëm op eng Schinn kënn, dass effektiv eng international Konferenz oder d'Quartett zesummekënn an do widerhëlleft.

Gutt! Ech wëll och nach soen, Här Wiseler, Dir hat zwou Saache gesot, déi mer ganz gutt gefall hunn, op déi ech awer muss äntworten. Dat Eent, dat ass déi, dass Der gesot hutt, ech wier e fräischaffende Kënschtler.

#### *(Hilarité)*

Do wëll ech lech soen, do wëll ech lech just soen, dass dat net zoutréfft, wéinst de Kënschtler. Ech ka weeder sangen nach molen nach Theater spillen.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Awer Vëlo fueren.

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Ech kann e weéneeg Vëlo fueren, mee dat geet net duer fir e Kënschtler.

#### *(Brouhaha et hilarité)*

Dat Zweet, wat ech wollt soen, dat ass, dass ech och net fräischaffend sinn. Ech sinn ëmmer online, an Zukunft och elo souguer an de Fligere, meeschtens ëmmer online.

■ **Une voix**.- Och um Vëlo.

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Um Vëlo souwéisou.

#### *(Hilarité)*

An ech wollt lech och soen, dass ech net weess, wou ech hätt ... oder wou anerer am Widdersproch mat mir wieren, wat d'international Politik oder





d'Europapolitik ugeet. Also esou schlëmm ass et net.

Ech wëll och hei am Eescht nach eppes soen zum Premierminister, wat Der gesot hutt. Also ech kann lech berouegen, Här Wiseler, an ech soen dat ganz calme a ganz bewusst hei: De Premierminister ass a gudder Form an de Premierminister ass engagéiert - engagéiert an der Nationalpolitik an och an der Aussepolitik. An ech wëll lech och soen: Kuckt, mir si jo eng Koalitioun vun dräi Parteien, déi gréng, d'DP, d'Sozialisten. An do ass et esou: Mir si jo dann zu 17 an der Regierung; wann een emol ee Moment e Problem huet, da sinn déi aner allegueren an der Regierung solidaresch - och dat gëtt et nach haut.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Brouhaha)

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Sou. Ech wollt lech just soen, dass mer weiderfueren, wat elo deen Debat hei ugeet. Sou, dem Gusty Graas, dee wéi ëmmer eng exzellent Ried gehalen huet, wëll ech soen, ...

■ **Plusieurs voix.** - O!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - ... dass ech mat him, wat seng Analys ugeet - virun allem Ungarn -, nëmme kann d'accord sinn an hoffen - esou wéi mer dat gesinn hunn an der Tierkei, zu Istanbul -, dass d'nächst Joer, wann déi Wale sinn an Ungarn, dass do fäerdegbruecht gëtt vun der Koalitioun, dass se géeeent ass an dass se do och da kéinten den Här Orbán ofléisen. Dat wier eng Wohltat fir d'Mënschheet, virun allem an Europa, mee och an Ungarn. Mee bon, ech hunn och Polen kannt virum Här Kaczyński. Ech wëll soen, wéi mer ofgestëmmt hunn - ech mengen dat hat Dir gesot, Här Kartheiser - iwwert d'Relocation, do huet Polen net dergéint gestëmmt. Dat war virun där Zäit. Et war nach am September/Oktobre 2015; de Kaczyński ass eréischt am Dezember 2015 komm. Et gëtt och d'Méiglechkeet, dass duerch d'Demokratie erëm eng Kéier een anert Polen erauskënn. An duerfir sinn ech absolut net mat deenen d'accord, déi soen, dass dat alles falsch war an net zu Resultater gefouert huet.

Ech wëll och soen, Här Graas, Dir hutt scho Recht: A Frankräich ..., mir sollen eis jo net an d'franséisch Politik amëschen, mee ech fannen dat och schockant. Ech soen dat, ech sinn e Kollege vum Barnier, ech kennen dee laang. Dee war 2004 den Ausseminister vu Frankräich, wéi ech Minister gi sinn. An ech hätt ni geduecht, dass deen op eng Schinn kéim, wou e sech awéckele léisst vun engem Typ, dee jo ganz no beim Pétain ze stoe schéngt an dee provozéiert a sech provozéiere léisst, dass op eemol net méi d'Cour européenne de Justice hei zu Lëtzebuerg d'lescht Wuert huet a Saachen Droit européen. Also dat ass schonn eppes, ech hoffen ... Dat wier eng Katastroph fir d'Demokratie, wann déi classesch Droite a Frankräich géif op esou ee Wee goen.

Dann den Här Yves Cruchten. Also, ech mengen dee Luef allegueren, deen Der mer ginn hutt, Här Cruchten, kann ech jo net zrëckginn. Ech menge mir si jo net do, fir een deem aneren op d'Schëller ze klappen, mee ech wëll awer just soen, ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Dat deet awer gutt.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - ... dass ech net an där Positioun wier, wa mer net Diplomaten hätten, déi wierklech fir eist Haus do sinn, Diplomaten, déi hir Aarbecht ..., do sinn der dobäi, déi fir hir Aarbecht liewen - dat muss ech soen, ech hunn dat gesinn elo an deene 17 Joer -, an déi immens gutt schafen, déi d'„Mutterhaus“ méi gesinn - wann ech esou dierf soen - wéi hiert eegent Heem. An et ass mer och net baang fir d'Diplomatie hei zu Lëtzebuerg. Et si ganz gutt jonk Leit, déi erakommen, an ech mengen, dat ass fundamental wichteg fir d'Zukunft vun eisem Land - onofhängeg elo vun der politescher Konstellatioun an der Regierung -, dass eis Diplomatie esou lieweg ass. An duerfir e grouse Merci zrëck u si, fir dee Merci, deen Der mir ginn hutt.

Dann d'Stéphanie Empain - also ech mengen, et waren och nach anerer -: d'Liwwerkettegesetzter. D'Liwwerkettegesetz, also do ass et esou, dass mer eigentlech jo net wäit ausernanerleien, och net mat der Madamm Oberweis. Mir wëllen, dass mer et fäerdegbréngen, an deem Comité ministériel zu enger Konklosioun ze kommen. Mir waren elo, dee Komitee war elo fënnemol zesummen. Allerdéngs wëll ech lech hei och kloer soen, entgéint Meldungen, déi heiansdo esou optauchen: Mir hunn offiziell gefrot bei de Belsch a bei den Hollänner - dat sinn eis zwee Nopere -, och déi zwee Länner waarden op dat, wat fäerdegbruecht gëtt uganks Dezember elo vun der Kommissioun.

Ech mengen, dat ass kloer, dat ass jo och net méi eng Éiwegkeet. Dat dierf natierlech net allkéiers sechs Méint verschleeft ginn. Dat ass kloer. Duerfir schaffe mer jo och fir ze kucken: Wa sech nâischt do deet, wéi kënne mir als Lëtzebuerg dorobber reagieren? Mee ech soen lech awer ganz kloer - ech

hunn dat jo och gëschter gesot -: Fir dass dat effikass gëtt, bräichte mer eng europäesch Legislatioun. Mee mir kënnen natierlech net herno, wann nach zwee Joer erëm sinn, do stoen a mir hunn nâischt, mir hu weeder eng europäesch nach eng national Legislatioun. An duerfir, mengen ech, leie mer do net wäit ausernaner. Allerdéngs, dat ass net eppes, wat een am Cactus ze kafe kritt. Dat muss scho gekuckt ginn am Fong, an do gëtt et Leit, déi sinn derfir, et si Leit, déi sinn dergéint, et sinn der, déi wëlle méi oder déi wëlle manner. Also dat gesäit een och an de Ministären. Et ass keng einfach Geschicht. Bon. Mee mir ginn eis do drun.

Da fir déi - wat Der gesot hutt, Madamm Empain -, déi 42.000 Leit vun der UNHCR: Dir musst oppassen, dat si Leit, déi elo net méi am Afghanistan liewen. Dat si Leit, déi schonn an de Länner ronderëm Afghanistan liewen a wou d'UNHCR fret, ... - et sinn der en fait 82.000 oder 84.000 -, fir d'Hallschent soll an den nächste fënnef Joer Europa dann iwwerhuelen.

Bon, ech wëll lech och soen, ... Vun de Pushbacken ass vill geschwat ginn hei. Ben, ech, mir maachen alles, wat mir kënnen, och am Conseil d'administration vu Frontex. Mee ech wëll lech just soen, mir hunn, opgrond vun enger Nofro, déi ech kritt hu vun der UNHCR an och vun der OIM, elo de 27.10. ee Mënsch hei zu Lëtzebuerg opgehall, deen am Rollstull sëtzt, en Iraner, deen esou zerschloe ginn ass op der Grenz, dass en net méi ka goen, deen also querschnëtsgeläämt ass. An dee Mann, deen ass elo hei ukomm de 27.10. A mir ginn eis do hier, fir dass mer et fäerdegbréngen, dass en awer erëm dezent mat deem Misär, deen en huet, ka liewen.

Dann den Här Kartheiser. Also, d'Rechter vun de Fraen.

(Hilarité)

Ech soen lech ganz éierlech, ech géif et net fäerdegbréngen, hei ze soen, dass d'Frae Gebärmachschinne wieren. Dat ass en Ausdrock, deen ech net kann novollzéien. Et muss een oppassen, wann een esou eppes seet, an ech hunn och vollt Vertrauen an eis Justizministesch, d'Madamm Sam Tanson, an och an déi Leit - ech mengen, et ass net nëmme d'Majoritéit -, déi an der Kommissioun sinn, dass do dat Richtegt gemaach gëtt, wat d'Filiatiounsgesetz ugeet. Ech mengen net, Här Kartheiser, dass Der do mat Ärer Linn, déi Der jo scho méi laang hutt, dass dat zu engem Resultat féiert.

Wat d'Kanneraarbecht ugeet, also de Kobalt: Jo, mir wëssen dat. Mir wëssen dat, a méi no, zanter dass mer am Sécherheetsrot sinn. D'Sylvie Lucas, eis deemoleg Ambassadrice, déi war do am Kivu, also an där Regioun, déi kennt dat alles a mir kennen dat och alles. Mee wat ech héieren hu vu Leit, déi méi dovunner kenne wéi ech, dat ass, dass een an Zukunft kee Kobalt méi brauch fir d'Autoen. Dat wier jo eng Verbesserung. Mee egal, ob et Kobalt ass oder eppes anescht, et gëtt Kanneraarbecht op der Welt! An déi Kanneraarbecht op der Welt, déi muss mer bekämpfen! Mee mir kënne se awer net bekämpfen, wa mer hei engem fir en Elektrovélo 300 Euro ginn. Domadder bekämpfe mer awer net d'Kanneraarbecht am Kongo!

Mir muss wierklech kucken, dass mer do derhannert kommen, dass da kee Kobalt méi aus deene Länner kënn, wou Kanneraarbecht gemaach gëtt. Dat ass de Punkt, dee mer muss maachen, an et huet, mengen ech, nâischt ze di mat Subventiounen.

Dann, dat Drëtt, dat ass ... U, wat hat Der do gesot? Also, mam impfe loosse. Also, ech sinn der Meinung, dass mer an esou enger Situatioun wéi déi vun dëser Pandemie, déi mer jo nach ni kannt hunn - esou eppes ass et jo nach ni ginn -, dass mer als Politiker eng Haaptobligatioun hunn: dass d'Leit um Liewe bleiwen. Dass d'Leit um Liewe bleiwen! A mir gesinn dach: Deen eenzege Wee, fir dass d'Leit net krank ginn an um Liewe bleiwen an d'ganz Gesellschaft och geschützt ass, dat ass d'Impfung! An duerfir: Et gëtt Länner, déi gi vill méi dramatesch Weeër wéi mir se ginn. Ech sinn do net zoustänneg derfir, mee ech mengen awer, mer müssen dat am Kapp halen, mir dierfen net do AfD-Lidder hei sangen oder ech weess net wat fir Lidder vun deenen, déi wierklech ganz, ganz schlëmm domadder Politik maachen.

Mir wëllen, dass d'Leit sech hei zu Lëtzebuerg allegueren - well si hunn d'Méiglechkeet - impfe loosse. Well d'Impfen ass deen eenzege Wee, fir aus deem Lach do erauszekommen. A jidderee soll dat maachen. Bon.

Dann dat nächst, dat war d'Asylpolitik. Ech hunn dat schonn ugedeit: Also dat war keng Katastroph 2016. Dat ass eng Katastroph ginn, well verschidde Länner sech do après coup ewechgezunn hunn. Wann all Land no 2015, no deem Vott, matgemaach hätt, hätte mer haut dee Problem vun der Migratioun iwwerhaupt net, a mir hätte Solidaritéit an Europa. Do waren dräi, véier Länner, déi hunn dat kapott gemaach. Et ass souguer esou wäit gaangen, dass souguer Decisiounen vun der Cour européenne de justice net méi respektéiert gi sinn. Dat ass de Punkt.

An duerfir ... Wësst Der, ech hunn elo déi Familljen do gesinn, zwou Riichterinnen aus dem Afghanistan. Ech si gefrot ginn: „Hëlleft Der deene Leit?“ Ech hu gesot: „Jo, mir hëllef deene Leit.“ Dat sinn zwielef Leit, zwou Fraen, Riichterinnen. Déi eng Riichterin huet mer gezielt - ech hu se zweemol gesinn -, de 15. August hu se gesot kritt: „Eraus aus Ärem Büro. Wann Der net gitt, da gi mer keng Garantie méi fir Äert Liewen. An net nëmme Dir, mee Är ganz Famill.“ Du souzen déi Leit dann do woche-laang an engem Keller. Du goug eng international Aktioun un - iwwert d'Alice Schwarzer, iwwer vill anerer nach -, an do sinn dann déi Leit iwwer Ëmweeër erauskomm.

Déi Leit, déi éischt Famill an déi zweet Famill, hu Famill an Éisträich. Mee an Éisträich ass carrement gesot ginn - mir kennen dat -: „Njet! Mir huele keng Leit op.“ Hätt Der dann do gesot, Här Kartheiser, an deem Fall, wou et ëm Liewen an Doud geet fir Leit, déi fir eis geschafft hunn als Europäesch Unioun, déi fir eis gekuckt hunn am Afghanistan, fir Demokratie hierzustellen, fir déi ze strofen, déi Fraen drangsaléiert hunn a gekniecht hunn: „Jo, dann ass dat Äert Schicksal.“, fäerdeg? Do gëtt et dach nëmme Jo oder Nee ze soen! An duerfir mengen ech, dass Lëtzebuerg awer ... Mir kënnen eis dat dach, ech soen elo net, mir kënnen eis dat onbegrenzt leeschten, mee mir kënnen awer do weisen, dass mer och en Häerz hu fir esou Fäll an dass mer do entgéint deenen, déi vläicht méi Sympathie hunn ... Dir hutt méi Sympathie fir déi Länner, déi Nee soen, wéi fir déi, déi Jo soen. Mee mir wëllen op där Säit bleiwen, déi Jo soen ...

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - ... an Hëllef fir déi Leit hunn!

Sou, an da sot Der: „Zréckféieren!“ Jo, et gëtt Länner - esouguer Dänemark ass dobäi; dat ass extreem, extreem besuergnisserregend -, déi elo soen: „Zréck a Syrien!“ Dat muss ee sech virstellen! A Syrien - jiddereen, deen do fortgaangen ass, huet säin Haus beschlagnaamt kritt, déi hu guer nâischt méi do, guer nâischt méi. An dann an Afghanistan! Wou géift Der da Leit wëllen zréckschécken an Afghanistan?

Mir hunn alles gemaach hei, fir dass déi Leit, déi vum Balkan komm sinn oder aus Regiounen, wou se nâischt méi riskéiert hunn, wat hiert Liewen ugeet, encouragéiert ginn, fir dass déi natierlech zréckginn, wa se debutéiert sinn. Mee hei, wat Afghanistan ugeet, soen ech nach eng Kéier - an ech mengen, den Här Clement huet do zum Schluss insistéiert, wat mer elo do gemaach hunn -: Här Clement, mir hu Leit, déi Afghane sinn, mee déi ni am Afghanistan gelieft hunn! Déi hunn ni am Afghanistan gelieft, an dat muss mer dach kontrolléieren! Mir müssen dat dach kucken! Mir kënnen och net soen: „Elo maache mer do Ausname fir Leit, déi d'afghanesch Nationalitéit hunn an déi ni do gelieft hunn!“ Dass mer deenen elo op Ordre du mufti do soen: „Elo kritt Dir de Statut.“ Dat geet net!

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Dat sinn awer net déi 61 %, déi Der refuséiert hutt!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Ech sinn net deen, deen ... Dat ass keng politesch Decisioun! Ech sinn net deen, deen de Statut gëtt. Dat ass eng Prozedur! An der leschter Instanz sinn d'Gerichter, dat muss Der eng Kéier noliessen, fir ze kucken ..., fir dass Der wësst, wéi dat geet.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - D'Gerichter gi jo och ëmmer méi oft Ärer Verwaltung Onrecht.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Jo, bon.

Dat Zweet, dat ass: Mir hu vill Leit, déi nach net de Statut hunn, déi kommen duerch Regroupement familial. Verstitt Der? An et steet awer néierens geschriwwen ... - an dat kënne mer och net maachen, dat maache mer och net fir aner Länner -, déi, déi kënnen op Lëtzebuerg kommen duerch Regroupement familial, déi kréien net automatesch alleguer de Statut! Déi kréien hei eng Autorisatioun fir heizebleiwen, eng Autorisatioun fir hei ze schaffen.

Dat Drëtt, dat ass: Mir muss wëssen - an och zu Lëtzebuerg -, dass se net alleguer, wéi nennt een dat, Philanthrope sinn, déi kommen, dass och do déi Sécherheetssituatioun muss ganz, ganz genee gekuckt ginn. Mir hunn an anere Länner vun der Europäesch Unioun Taliban, déi sech ënnert d'Refugiéé geschleist hunn. Also dat muss mer kucken an dat hëlt e weineg Zäit.

Mee bon. Mir hunn dann een anere Problem - ech hunn dee gëschter vissent ze erklären, mee et ass immens schwéier, wann een dat net wëllt héieren -: Mir hu Leit, afghanesch Leit, déi sinn an der éischter Instanz um Gericht debutéiert ginn, also déi hunn Nee gesot kritt. Da gi se an Appell. Wa mer nâischt ënnerhuelen, wa mer einfach d'Saache lafe loosse, wa mer net geschwat hätten, och mat der Justiz, mat der Cour, fir dass mer eis géifen

eens ginn ... Elo waarde mer of: Wéi sinn d'Guideliné vun der EASO? Fir dass mer do dann an der Europäesch Unioun déi nâmmleecht Decisioun huelen an deenen nâmmlechte Fäll, well soss kréie mer jo erëm eppes, wat mer iwwerhaupt net meeschtere kënnen. Dat ass dee ganzen Dublin-Effet, déi ganz Geschichten, dass da Wanderunge sinn tëscht deene Länner ëm eis, wou ofgeleente Leit dann automatesch op Lëtzebuerg kommen. Dat kënne mer net maachen! Dat ass net ze packen! An duerfir, wannechgelift! Mir kréien elo déi Richtlinn vun der EASO an dann ass och bei jidderengem, menger Meinung no, ganz séier d'Méiglechkeet, fir dass mer dat tranchéieren.

Mee ech soen nach eng Kéier hei: Net jiddereen, ob et en Afghan ass oder ob et e Syrer ass oder ob et - egal! - en Eritreeër ass, deen duerch de Regroupement familial op Lëtzebuerg konnt kommen, kritt de Statut. Dat ass esou! De Statut kritt deen, deen effektiv eng Ursach huet an eeben ënnert d'Genfer Konventioun fält.

Sou, als Lescht - an dann halen ech awer op -: dat ass China, Taiwan an Hongkong. Also ech géif vläicht d'Kollege vun der ADR bieten, där Motioun, déi se gemaach hunn ... Mir hunn déi ganz Komplexitéit vu China, vun Taiwan, vun Hongkong an der Europäesch Unioun um Ordre du jour. A mir wëllen och do, Dir hutt dat gesinn duerch déi Sanktiounen, déi mer scho geholl hunn, virukommen. Mee allerdéngs, mir brauchen do, fir do d'Implikatiounen ze hunn, de Service d'action extérieure. Mir muss wëssen: Wéi gëtt dat an deene verschiddene Länner gesinn? Wat sinn d'Repercussiounen? Wat sinn d'Konsequenzen? An duerfir géif ech mengen, dass de Lead hei wierklech an der Europäesch Unioun läit. An Dir braucht do keng Angscht ze hunn - sou wéi mer dat och gemaach hu bei de Sanktiounen -, dass Lëtzebuerg op där Plaz ass, wou eis Nopeschlänner sinn, wou déi Haaptlänner vun der Europäesch Unioun sinn. Mir verstoppen eis do net, fir doranner virunzekommen.

Elo ass et nach just d'Madamm Oberweis. Elo hunn ech se verluer ... A, hei ass se! Also, jo, Dir hutt vill vun ... Bon, Dir hutt Är Positioun dohinnergeluecht an déi wëll ech net contestéieren. D'Liwwerkettegesetz, do hunn ech lech drop geäntwert. Mir müssen et fäerdegbréngen - an ech mengen, Dir hutt dat nëmme indirekt gesot -, aus Afrika legal Migratioun hierzekréien. Mir hunn dat zënter 2015 um Ordre du jour. Mir bréngen et net do fäerdeg, mee wa mer legal Migratioun hätten, dass Quote géifen opgestallt ginn an dass do all Länner vun der Europäesch Unioun géifen esou vill Leit huelen. Mir brauche jo Migratioun. Mir brauche Migratioun an Europa, a ville Länner vun Europa, ob dat Italien ass, ob et Däitschland ass, ob et Lëtzebuerg ass, d'Belsch. Déi eenzeg, déi e weineg gutt do stinn, dat ass Frankräich.

Wa mer also legal Migratioun kéinte maachen, da wier dat och net esou schwéier, fir dass Länner, déi total blockéieren an Afrika, fir hir Leit erëmzehuelen, déi se missten erëmhuelen - déi misste se erëmhuelen, dat ass international gereegelt -, déi dat awer net maachen, ...

Da wollt ech lech soen - Dir hutt vum Sahel geschwat -: Ech mengen, wann all Land géif, esou wéi Lëtzebuerg, all Joer 100 Milliounen fir d'Sahel-Länner ginn - 100 Milliounen gi mir all Joer fir d'Sahel-Länner! -, da géif et do ganz anescht ausgesinn. Et sinn net eleng d'Suen, déi natierlech do hëllef, mee mat Sue kann een awer vill do maachen.

An duerfir géif ech mengen: Déi global Approche, déi Der hutt, dat ass Är. Mee de Problem ass: Wann ech lech héieren an ech kucken, wat de Moment machbar ass an der Europäesch Unioun, da soen ech, da brauch een net unzefänken. Dat ass esou. Och mat Israel sanktionéieren ... Mee Madamm, déi meesch Länner an der Europäesch Unioun de Moment, déi wëllen e Conseil d'association mat Israel, fir Israel nach méi ze ginn. An duerfir, Dir kënn ... Et ass Är Meinung, ech mengen, et ass och richtig, dass Der dat sot. Mee ech kann lech nëmme just d'Realitéit soen de Moment: Duerch déi dividéiert Positioun, déi mer iwwer Israel a Palästina hunn, ass de Moment un nâischt esou ze denken. Dat géif ... Et muss een Unanimitéit hunn, fir Sanktiounen ze decidéieren, Unanimitéit! An hei si mer op enger ganz anerer Schinn.

Voilà, ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Ausseminister Jean Asselborn. Dann direkt Parole après ministre fir den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Jo, merci, Här President. Vu dass ech jo och nach eng Kéier ugeschwat gouf, wollt ech awer op eppes zréckkommen: De Minister huet gemengt, ech hätt gesot - oder vläicht hu mer eis och do falsch verstanen -, all Afghan, jiddwereen, deen Afghan ass vun Nationalitéit, misst d'office de Statut kréien. Ech hu gesot, mir müssen acceleréiert schaffen. A wann een no engem Joer keng Preuven hätt, datt déi Persoun Sécherheetsbedenken hätt, da misst een eeben „le silence vaut oui“ an net „le silence vaut non“ aktéieren. Well mir hunn 61 %!





An ech erënneren drun: 61 % vun allen afghaneschen Demandë goufe refuséiert hei zu Lëtzebuerg. An an där nämmlecher Zäit hu mer genau eng Persoun - an dat gouf jo méi wéi eng Kéier thematiséiert -, eng Persoun zrëckgeschéckt an den Afghanistan, well tatsächlech seriö Sécherheetsbedenke bei där Persoun festgestallt goufen. Dat heescht, et kann een et net esou einfach maachen a soen: Dat sinn der nëmmen, déi nach ni an Afghanistan gelieft hunn. Dat sinn och sécher net nëmme Leit, déi Sécherheetsbedenken opwerfen. Dat sinn einfach Leit, déi iergendwou duerch de Raster falen. A wat mer net vergiessen däerfen: Dat si Mënschen! A fir dann ze soen: „Majo déi hu jo de Wee duerch d'Gerichter!“, dat fannen ech, jo, richteg, mee et féiert awer net dozou, dass eis Gerichter méi Zäit hunn, fir déi Dossieren ze traitéieren, wann ëmmer méi Fäll duerch administratiivt Wëssen an administrative Wëllen u sech un d'Gerichter weidergereecht ginn, fir do eng endgültig Entscheedung ze kréien.

Ech géif mer wënschen, dass mer do nei Weeër, méi séier Weeër kéinte goen. An ech akzeptéieren absolutt: Do wou Sécherheetsbedenke sinn, do bleift eis keen anere Wee, wéi ze refuséieren. Do hunn ech keen Zweifel drun. Mee d'Zuele schwätzen awer eng aner Sprooch an d'Zuele soen: Haut gi méi Leit refuséiert aus iergendwellechen anere Grënn, wéi wéinst Sécherheetsbedenken.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Ech ginn d'Wuert direkt zrëck un den Ausseminister.

■ **M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes***.- Jo, also wann Der wéisst, wéi vill Kappzerbrieches een domadder huet ... Déi 61 %, déi net ugehall gi sinn - et ware Joren, do sinn 80 % ugehall ginn -, do gëtt zesumme geschafft an alle Länner vun der Europäescher Unioun. Do gëtt natierlech och zesumme geschafft fir ze kucken, dass Abusen evitéiert ginn. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet, dat ass - elo dat Positivt -: Mir hunn zënter dem 15. August bis elo de 17. November - ech hunn nach gëschter gesot - 54 Leit, déi erauskomm sinn, net nëmmen ugehall, mee hinnen de Statut ginn - de Statut ginn! 54 Leit! Sou, 71 Leit sinn elo nach an der Prozedur. Et sinn 3 Leit deboutéiert, déi kënnen eng nei Demande stellen. Also ... A mir maachen alles, fir dass et esou séier wéi méiglech virugeet. Mee de Problem ass jo bei deene just, déi an der éischter Instanz um Geriicht ofgeleent gi sinn, dass, wa mer näischt maachen, se definitiv deboutéiert ginn. An duerfir ass déi Decisioun geholl ginn, fir mat de Gerichter ze kucken, dass mer all Informatiounen mussen hunn. D'Affekote sinn ugeschriwwen ginn, fir dass se nei Preuvë bréngen, fir dann och zu enger positiver Decisioun kënnen ze kommen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci. An da Parole après ministre fir d'Madamm Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Jo, merci, Här President, fir d'Wuert. Merci och fir Är Informatiounen, Här Ausseminister. Ech kommen nach eng Kéier op zwou Saachen zrëck.

Déi éischt: Sanktiounen Israel. Dir sot: „Et ass net der Realitéit no.“ Ech weess dat och, ech si jo net blöd. Ech gesinn d'Realitéit jo och. Ech weess, dass dat net der Realitéit nosteet an dass dat am Moment net machbar ass. Mee et ass net, well eppes net machbar ass, dass een et net soll fuerderen. An ech mengen, Dir als Ausseminister misst et och fuerderen. An de Conditionalitéite vun deenen Accorde steet de Respekt vun de Mënscherechter. Dann ass et de Minimum, dass een dorunner erënnert a seet: Déi Accorde si conditionéiert un de Respekt vun de Mënscherechter. Also muss Dir dat fuerderen oder zumindest drun erënneren.

D'Fro ass eeben och, ob Der lech trotzdem kéint bei Äre Kolleegen och dofir engagéieren. An ech mengen, et ass net, well eppes net der Realitéit no ass, dass een et net soll soen. Ech mengen, d'Zweestaateléisung, déi hei vun all Mënsch gepreist gëtt, ass och absolut net realitéitsno. Wann ee kuckt, wéi d'Situatioun um Terrain ass - Dir wësst et genau, Palästina ass e Schwäizer Kéis voller Lächer. Et ass kee Staat mat enger Kontinuitéit, et ass absolutt kee viabele Staat am Moment um Terrain. Dat heescht, och dat ass net realitéitsno am Moment. Dat ass dat Éischt.

An da just eng zweet Fro nach eng Kéier zu dem Liwwerkettegesetz, well Dir hutt mer keen Delai genannt respektiv ech hat gefrot, ob Der mer kéint iergendwéi en Delai nennen, weéni de Comité interministériel mat Aarbechten, mat Resultater kënnt. Dir hutt gesot, et géif eppes kommen, Dir géift lech Méi ginn, déi eng wieren derfir, déi aner wieren dergéint. Ech fannen dat e bësse problematesch vun engem Minister ze soen: „Déi eng sinn derfir, déi aner sinn dergéint.“ Dir gitt d'Richtung vir, Dir sidd Minister, Dir setzt d'Prioritéiten! Nee, ech mengen, et ass eng Fro vu Choix, vu Prioritéiten! Et kann een et net ëmmer all Mënsch gerecht maachen. Ech mengen, iergendwann eng Kéier muss ee soen: Mir sinn derfir oder mir sinn net derfir a mir wëllen dat och nach net.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Ausseminister. An duerno Parole après ministre fir d'Madamm Reding.

■ **M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes***.- Also, déi zweet Fro: Dee Comité interministériel, dat ass de Finanzministère, de Wirtschaftsministère, den Ëmweltministère - ech weess net, also et kommen der nach derbäi -, de Kooperationsministère. An do muss gekuckt ginn, dass een do e Konsens fënnt. An déi Leit, déi do sëtzen, déi si jo da Fonctionnaire vun hire Ministeren. An dass an esou enger schwiereger Situatioun wéi där do net jiddereen direkt op enger Linn ass ... - dat wollt ech domadder soen -, do muss mer kucken: Wou ass de Konsens méiglech? Bon.

Dat Zweet, dat ass dat, wat ech lech gesot hunn: Ech hunn lech een Delai gesot, dat ass, ech menge souguer et ass den 8. Dezember, also uganks Dezember, hunn ech gesot, do soll d'Kommissioun accouchéieren. Bon, also ech mengen, et wier jo awer wichteg, dass een dat kéint maachen. A mir fieren déi Virbereedung weider, dass mer entweeder op d'Schinn komme vun enger europäescher Direktiv oder dass mer gesinn, dass dat näischt géif ginn an dass mer dat dann auswäerten, fir en nationaalt Gesetz ze maachen. Do si mer hoergenee op där nämmlecher Schinn wéi d'Hollänner a wéi d'Belsch. D'accord?

Zum Éischte soen ech näischt. Also ech huelen lech eng Kéier mat. Ech huelen lech eng Kéier mat eng hallef Stonn an de Conseil vun den Ausseministere, wa geschwat gëtt iwwert d'Zweestaateléisung, wéi, ...

(*Interruption*)

... jo, wéi do d'Meenungen diametral ausenannerleien. Do sinn der dobäi, déi ni bougéieren. Ech schwätzen net eleng vun den Ungaren. An déi, déi Palästina unerkannt hunn, schonn 1988, dat sinn déi Allerschlämmst! Bon. Also ech soen elo näischt méi doriwwer. Mee mir sinn de Moment net an engem Mood ... Mir haten dat; ech soen lech, et ass futtigemaach ginn duerch de Brexit! Nom Brexit ass nach déi Resoloutioun komm am Conseil de sécurité 2016 - ech mengen, dat war am September oder esou -, an do war nach alles an der Rei an dunn, just duerno, do war de Boris Johnson nach Ausseminister, do huet dee schonn ugefaangen ze féieren ..., dass, wann et virdru wier, dat do net méi zu engem Konsens komm wier.

Den Obama hat e Feeler gemaach 2014: Do hate mer am Conseil de sécurité - Sylvester, dat weess ech nach genee - eng Resoloutioun virleien, déi praktesch d'Resoloutioun war vun 2016. Do sinn zwee Joer verluer gaangen. An déi, mengen ech, kritt een net méi erëm.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Minister. An da wier et un der Madamm Viviane Reding.

■ **Mme Viviane Reding (*CSV*)**.- Jo, Här President, et ass normal, dass bei enger Diskussioun iwwert d'Aussepolitik eng kontradiktoresch Ausenanneretzung kënnt doriwwer, wéi déi eng oder déi aner d'Saache gesinn, an dass de Minister da vill Kriticke kritt.

Ech wollt emol eng Kéier Merci soen: An zwar war et eng weltwäit Solidaritéitsaktioun vu Frae ginn, fir deene Riichterinnen, déi am Afghanistan keng Chance hunn - well se hu sech agesat fir Recht a Gerechtegheet a se sinn och nach Fra do dobäi; also null Chance! -, an dass eise Minister gehollef huet, fir dass zwou Riichterinne konnten op Lëtzebuerg komme mat hirer Famill, merci villmools!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Reding. An da gëtt et nach Parole après ministre fir den Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Jo, villmools merci, Här President. Et ass elo esou, dass ech op e puer Bemerkunge wëilt agoen, déi den Här Minister gemaach huet.

Déi éischt, déi mech interpelléiert huet, ass säi Verweis op siwe chineesesche Banken zu Lëtzebuerg. Ech mengen, dat ass natierlech e kloren ekonomesche Facteur. Mee ech mengen, deen ekonomeschen Interessi kann awer net alles justifiéieren.

Ech mengen, wa China muer wierklech géif Taiwan militäresch ugräifen, kéinte mer net soen: „Mir hu siwe Banken zu Lëtzebuerg an domadder ass d'Saach da gutt.“ Ech mengen, dat ass net d'Logik.

Dat Zweet ass den Nation Branding. Do hate mer jo och gesot, an ech mengen Dir selwer, Här Minister, hat no deem Debakel am Afghanistan en Interview ginn, wou Der gesot hutt: „Deen Nation Branding, dat muss een hannerfroen. Ass dat iwwerhaapt méiglech an engem Kulturraum, deen net eisen ass, a wéi wäit kann een do goen?“ Dat heescht, déi Konklusioun, mengen ech, ass do vill méi komplex wéi dat, wat mer elo hei undiskutéiert hunn.

Dat Drëtt ass d'Situatioun vun de Fraen an der Leihmutterchaft. Jo dat ass eng Form vu Sklaverei, dat

ass esou! An Indien, an Thailand ... Dat ass jo dat Skandaléist, dass do Frae wierklech geholl ginn, fir fir aner Leit Kanner op d'Welt ze setzen!

(*Interruption*)

D'Kanner ginn ewechgeholl. Et ass eng Ausbeutung vun engem schrecklechen Ausmooss, an duerfir ass dat einfach eng Tatsaach, dass se do an där Sklaverei wéi Gebärmaschinne behandelt ginn. An et ass fir eis net tolerabel, a kenger Form, dass mir hei géife Gesetzer huelen, déi dat net hannerfroen a soen: Wann dat am Ausland geschitt, ...

■ **Une voix**.- Mee mir maachen dat net!

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- ... da géif dat hei deen Abléck unerkannt ginn. Dat ass einfach net ze maachen, quitte dass mer et hei am Land natierlech verbidden.

(*Interruption*)

Wat d'Kanneraarbecht ugeet, do wëll ech awer och soen: Do sinn ech net mat lech d'accord, Här Minister. Natierlech ass et eng Saach vu Subventiounen! Well mir si jo all d'accord: Wann déi Batterie géifen ënner eethesche Konditiounen gemaach ginn, da wär dat a priori och eng politesch Optioun, fir dat ze subventionéieren. Mee Dir hutt selwer gesot: Mir wëssen, wat do lass ass. A fir et dann ze subventionéieren, do hu mer en Desaccord. Mir soen: Subventionéiert, wa kloer ass, dass dat eeben net méi de Fall ass.

Dann déi Fro vum Asyl. Do hunn ech gesot - an dozou sti mir -, dass et fir eis iwwerhaapt keng Diskussioun ass als ADR, fir Leit, déi an Nout sinn, déi Schutz brauchen, opzehuelen. Dat ass dat, wat mer ëmmer gesot hunn. Dat soe mer och am Fall vun den afghanesche Riichterinnen oder wéi och ëmmer. Leit, déi Schutz brauchen, dat ass d'Asylrechtskonventioun vun 1951; dat steet net zur Debat.

Wat de Problem ass, dat ass eeben och - an dat hu mer -: eng Large Scale ekonomesch Migratioun a Richtung Europa. Dat huet näischt mat Asyl ze dinn, dat ass en anere Phenomeen, dat kënnen mer net toleréieren. A mir sinn och der Meenung, dass mer déi Leit, déi kee Schutz méi brauchen - awer net déi, déi Schutz brauchen, mee déi, déi kee Schutz méi brauchen -, sollen zrëckféieren.

A fir dat ze realiséieren, brauch een och eng pragmatesch Aarbechtsrelatioun, zum Beispill och mat enger syrescher Regierung, egal wéi een zu där steet. Ech mengen, mir müssen déi jo net gär hunn, awer mir müssen eng Form vu Kooperatioun kënnen entwéckele mat deenen, souwéi och mat den afghaneschen Taliban, wann et am Interessi vun der Saach ass.

Dat just als e puer Reaktiounen. Mee ech soen lech Merci fir Är Bereetschaft, déi Saachen hei ze diskutéieren an och am Dialog dann unzeschwätzen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert zrëck un den Här Ausseminister.

■ **M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes***.- Et ass alles gesot.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Ass alles gesot? Ma dat ass ëmsou besser.

**Motions**

Ech mengen, mir kënnen dës Diskussioun awer net ofschléissen, ouni zum Vott vun de Motiounen ze kommen.

**Motions 1 et 5**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Yves Cruchten.

■ **M. Yves Cruchten (*LSAP*)**.- Jo, merci, Här President. Merci och, Här Wiseler, fir déi Motioun. Ech wollt just, Här President, drop hiweisen, dass den Här Kartheiser eng Motioun zu genau deem selwechte Sujet huet a bal déi selwecht Fuerderung stellt. Duerfir géif ech proposéieren, dass mer déi zwou matenee géifen huelen.

Mee ech géif awer zum Fong vun der Motioun soen, dass mer mat där Motioun, déi den Här Wiseler proposéiert huet, kënnen d'accord sinn. Ech proposéiere menge Kolleegen, dass mer déi Motioun géife matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Cruchten. Ech ginn direkt d'Wuert weider un den Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Jo, et war e rare Fall vu Gedankeniwerdroung offensichtlech tëscht dem Här Wiseler sengem Text an deem, dee mir proposéiert hunn. Mir si gär dermat d'accord, fir eisen zrëckzezéien. Et geet jo ëm d'Saach. Ech mengen, et geet drëm, dass mer eis mat deem Konflikt ausenannersetzen a mat der Positioun vun der Europäescher Unioun. Déi zwee Texter si praktesch identesch. An ech mengen, et ass am Interessi vun der Saach, dass mer deen Abléck der CSV

do de Virtrëtt loosse an eis op deen Text ralliéieren. Merci.

(*La motion 5 de M. Fernand Kartheiser est retirée.*)

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser.

■ **M. Claude Wiseler (*CSV*)**.- Ech soe just Merci.

(*Hilarité*)

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Den Här Wiseler seet Merci.

An ech mengen, da kënnen mer zum Vott vun der Motioun 1 kommen. Kënnen mer iwwert dës Motioun à main levée ofstëmmen?

**Vote sur la motion 1**

Wie mat der Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domat ass dës Motioun eestëmmeg ugehall.

**Motion 2**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Wëllt nach een d'Wuert zu där Motioun ergräifen? Dat ass net de Fall. Kënnen mer och iwwert dës Motioun à main levée ofstëmmen?

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Dat ass jo déi vun der Sozialistescher Partei? Mir géifen eis do just enthalten. Dat heescht, denkt drun, ze froen, ob ee sech enthält bei deene Motiounen vun der Sozialistescher Partei. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Dat ass eng Motioun, déi ass vum Här Cruchten deposéiert ginn. Mee si ass awer vu méi Fraktiounen ënnerschriwwen ginn. Duerfir ass et e bësse vermessen, fir ze soen, dass dat eng Motioun vun der Sozialistescher Partei wier.

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, ... Nee, d'Madamm Nathalie Oberweis nach.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Dierf ech eppes dozou soen?

■ **Une voix**.- Jo.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Jo? Et ass esou schnell gaangen elo.

Jo, also mir wollten eigentlech soen: Déi Motioun zu de Pushbacks ass eis eigentlech am Wording ze schwach. D'Roll vu Frontex gesi mir vill méi kritesch, an hirer Struktur, an hirem Fonctionnement, vill méi kritesch, wéi dat elo hei erauskënnt. Des Weideren ... Bon, mir si géint all Form vu Pushback, dat ass kloer. Mee déi Etüd, vun där hei rieds geet, vun dësem Joer, et ass eigentlech esou: Ech sinn dat noliese gaangen. Do steet zwar net, dass Frontex bedeelegt war, mee awer och, dass Frontex net beim Wësse vu Pushbacks gehandelt huet. Dat heescht, et ass scho problematesch: Och wa si sech net aktiv bedeelegt hunn u Pushbacks, si si awer - wëssend dass et Pushbacks gëtt - net do dergéint virgaangen. Dat heescht, dass ass awer extreem problematesch. Wéi gesot, mir stinn der Roll vu Frontex immens kritesch géigeniwwer a kënnen dat eigentlech och esou net matdroen.

En plus, wann ech mech elo richteg erënneren, gëtt Polen och hei net genannt, obwuel jo awer Polen grad an deem Sënn och relativ eng problematesch Roll spillt. An, genau, bon, mir sinn derfir, dass d'Grenzen opgemaach ginn, wat Polen ugeet. Mir sinn derfir, dass d'Grenzen opgemaach ginn, fir dass d'Flüchtlinge kënnen eragoen, dass se Accès hunn zu engem Asylverfahren a virun allem och, dass eeben déi Pushbacks ophale vu Polen an dass d'Press an d'ONGen och Zougang hunn zu deene Grenzgebiddern.

Also, wéi gesot, mir géifen hei vill méi wäit goen a fannen déi Motioun och ze schwach an deem Sënn. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Oberweis. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Jo, also merci, Här President. Ech wollt u sech just kuerz reagéieren op dat, wat d'Madamm Oberweis grad gesot huet. Ech hunn d'Motioun, déi den Här Cruchten deposéiert huet, mat ënnerschriwwen fir d'Piraten, well ech der Meenung sinn, dass se, och wa se vläicht méi schwach ass, wéi se kéint sinn, ëmmerhin awer e ganz kloer Message sent: nämlech dass dës Chamber géint Pushbacks ass.

Ech mengen, dass ass de kloer Message, dee mer haut sollte senden, an zwar esou staark wéi méiglech. Duerfir fannen ech et schued an ech maachen e klengen Appell u meng bal Bänknoperen hannert mer, se vläicht awer matzedroen, well och wann een eppes Schwaaches matdréit, kann een ëmmer fir eppes méi Staarkes astoen. An dat ass bei eis op alle Fall de Fall.

Mir hätten eis eng méi staark Motioun gewënscht, mee dat heiten ass e Konsentext, deen et awer fäer-





degrénge, fir genau dat ze erreechen, wat mer wëllen: nämlech d'Pushbacks ze denoncéieren. An dat maache mer hei an duerfir wäerte mer dat matdroen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Clement. Dann huet d'Madamm Stéphanie Empain d'Wuert gefrot.

■ **Mme Stéphanie Empain (*déi gréng*).**- Jo, villmools merci, Här President. Just ganz kuerz, fir op dat ze reagéieren, wat d'Madamm Oberweis gesot huet. De Punkt, dass Frontex Bescheed wousst an dass se déi Informatiounen net weiderginn huet, dat war och e Punkt, deem eis wichteg war. Duerfir hu mer an den Invitten en Invite dragemaach « insister sur l'importance d'un automatisme en termes de reporting en cas de constats de violations des droits de l'homme », also dass dee Reporting muss passéieren. Dat heescht, éischtens emol mussen se op alles gutt forméiert sinn, wat den Droit de l'homme ubelaangt. A wann hinnen opfällt, dass iergendwou eng Irregularitéit ass, dass dee Reporting muss stattfannen - falls dat iergendwéi elo géif Är Decisioun beaflossen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Madamm Empain. Den Här Yves Cruchten.

■ **M. Yves Cruchten (*LSAP*).**- Jo, merci och. Ech géif och gäre soen, dass ech all deene Merci soen, déi déi Motioun hei wäerte mat ënnerstëtzen. An et ass effektiv esou, dass et besser ass, sech hei emol eng kéier ferm ze prononcéieren. An da kann een duerno nach ëmmer aner Saache fuerderen, déi méi wäit ginn. A mir kënnen ganz vill iwwer Frontex schwätzen, mee dat ass eigentlech deen eenzegen Outil, dee mer am Moment zur Verfügung hunn. An dat kann een elo gutt oder net gutt fannen, mee dat ass leider dat, woumat mer mussen schaffen.

Ech wëll och gäre soen, firwat dass mer net hei Länner ernimmen an där Motioun - ech hat och probéiert, dat a menger Ried kloerzemaachen -: Et ass net méi just en eenzelne Problem op eenzelne Grenze vun eenzelne Länner, an et geet och net drëms, mam Fanger op déi ze weisen, mee et geet emol drëms, dass mir feststellen, dass dat ewell e grouse gesamteuropäesche Problem op eise Baussegrenzen ass.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Clement. Den Här Minister huet d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Et war den Här Cruchten, deen elo grad geschwat huet, net den Här Clement.

■ **M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.**- Jo, Här President, ech wëll just zwou Saache soen. Dat Eent zu Frontex: Och do wëll ech net ze vill Leit hei enttäuschen am Sall; mee do gëtt et och Länner, déi Member si vun der Europäescher Unioun, déi ganz zefridde si mat deem, wat elo geschitt. An déi wëlle keng Reformen hunn. An duerfir mussen mer ..., dat hu mer och gemaach als Lëtzebuerg, och mat de Belsch, mat verschiddenen aneren zesummen, dass mer an deem Conseil d'administration wierklech der Kommissioun hëllefen. D'Kommissioun huet eng Stëmm do. An dat ass eng Affär vum Wëlle vun de Länner. Ech brauch lech déi Länner jo net ze molen, déi ganz, ganz frou sinn, dass eebe Frontex esou fonctionéiert, wéi et fonctionéiert.

Ech wollt nach eppes Zweetes soen, mee ech hat dat vergiess, wéi den Här Kartheiser mech interpelléiert huet mat de Chinesen: Also selbstverständlich ass et kloer fir mech! Ech hu gesot: Mir hu siwe chinesesch Banken hei zu Lëtzebuerg - dat ass eng Feststellung -, mee mir hunn hei zu Lëtzebuerg jo och, wéi d'Sanktiounen géint d'Uigure geholl gi sinn, net lénsken an net riets gekuckt a mir hunn déi Decisioun geholl. An ech hat déi Madamm Ambassadrice vun der chinesescher Ambassade bei mer setzen an hu selbstverständlech och kloer op der Schinn vun der Europäescher Unioun reagéiert.

Iwwregens ass et esou, dass och elo déi Deputéiert - mir hunn der zwee aus dem Europaparlament, déi viséiert sinn -, dass do och elo e Kontakt gefrot ginn ass vun der chinesescher Ambassade - net ëmgedrënt -, fir erëm an d'Gespräch ze kommen. Bon, wat dat dann och ëmmer heescht.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Minister.

Et ass keng Wuertmeldung méi do, da kënnen mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 2 kommen. De Vote électronique ass gefrot.

#### Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 54 Jo-Stëmmen bei 2 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : la motion 2 est adoptée par 54 voix pour, 2 voix contre et 4 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Arendt épouse Kemp), Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Max Hahn), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par Mme Josée Lorsché), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

#### Motion 3

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? D'Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).**- Jo, villmools merci och fir d'Wuert. Also ech mengen, wann déi hei Motioun vun eis géif kommen, da géife mer gesot kréien, se wier superfetatoire. Well hei steet guer näischt dran, wat nei ass. En gros ass et e bëssen de Resümmee vum Här Asselborn senger Ried vu gëschter, an enger Motioun verpaakt. A mir versti wierklech net, wat dat soll, wat d'Zil dovunner ass. Si ass och immens vag. Bon, mir kënnen nu wierklech näischt dru fannen, wat iergendwéi interessant oder spannend ass oder wat nei wier.

An en plus, wéi gesot, dee Rôle vun der NATO, Dir wësst, dass mir dee ganz kritesch gesinn. Dofir droe mir dat hei net mat. Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Madamm Oberweis. Dann den Här Yves Cruchten.

■ **M. Yves Cruchten (*LSAP*).**- Merci, Här President. Och hei soen ech all deene Merci, déi déi Motioun hei wäerte matdroen. Ech gi ganz gären zou, dass se net ganz pointéiert ass, déi Motioun. Mee si huet eigentlech als Sënn, fir e bëssen dat erëmzeginn, wat net nëmme vun dem Här Asselborn gëschter, mee haut de Mëtten och vun den Deputéierten, vun dëser Säit am Plenum an och vun där anerer Säit, gesot gouf.

Also, mir hunn eis zu vill fir d'Acquise vu Schengen agesat. Mir hunn eis zu vill fir eng gerecht Verdeelung vun Vaccin an der Welt agesat an derfir, d'Aarbechten ze begleeden, d'Reformaarbecht an der OMS. An dass mer alleguerten de Rechtsstaat wëlle verteidegen an eis Fräiheeten. Ech mengen, dass dat e gudde Resümmee ass vun där Debatt, déi mer hei zesumme gefouert hunn. An duerfir soen ech all deene Merci, déi déi Motioun hei géife matdroen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Cruchten. Da kënnen mer zum Vott vun dëser Motioun kommen. De Vote électronique ass gefrot.

#### Vote sur la motion 3

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An och dës Motioun ass mat 52 Jo-Stëmmen bei 2 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : la motion est adoptée par 54 voix pour, 2 voix contre et 4 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par Mme Josée Lorsché), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

#### Motion 4

Da kënnen mer zur Motioun Nummer 4 kommen, dat ass déi, déi vun der ADR presentéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Yves Cruchten.

■ **M. Yves Cruchten (*LSAP*).**- Jo, merci Här President. Merci och, Här Kartheiser, fir déi Motioun. An net nëmmen Dir an der Motioun hei, och den Här Clement a senger Ried ass op d'Problematik agaangen. Mee den Här Asselborn hat lech eigentlech geäntwert. An dat ass och d'Ursaach, firwat dass ech wäert eise Leit proposéieren, déi Motioun hei net unzehuelen, well mer eis Politik vis-à-vis vun Taiwan haaptsächlech sollten op engem europäeschen Niveau halen.

Mee nodeems ech den Här Clement gelauschert hat an och Är Interventiuon, wier ech awer gäre bereet, wann dat gewënscht ass, dass mer eng kéier an der Kommissioun och iwwer Taiwan an déi ganz Géigend schwätzen, an net nëmmen iwwert déi europäesch Aktioun do, mee och déi amerikanesch. Do sinn ech awer gäre bereet, als President dofir Zäit ze fannen, dass mer an der Kommissioun eng kéier doriwwer schwätzen. D'Motioun géife mer ofleenen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Dann huet den Här Wiseler d'Wuert gefrot.

■ **M. Claude Wiseler (*CSV*).**- Jo, ech wëll dat am Fong ënnerstëtzen, wat den Här Cruchten elo gesot huet. Ech kann, mir kënnen ganz villes deelen, wat an där Motioun hei steet. Ech hunn och an deem, wat ech virdrun a menger Ried gesot hunn, eng ganz Rei vun deene Punkten, déi hei opgezielt ginn, selwer gesot. Dofir schéngt eis Weesentlechens an där Motioun extreem richtig ze sinn. Nach si fir eis eng Rei Detailfroen do, wou mer innerhalb vun deene Minutten, déi eis elo bliwwen sinn, net kënnen alles verifizéieren, wat do drasteet. Ech fannen et awer wichteg, datt een an esou diplomatesche Froen och an den Detailer ka verifizéieren an den Accord dorobber ginn.

Dofir ass mäi Wonsch och, datt mer dat kéinten eng kéier an der Kommissioun diskutéieren. Dat géif eis scho weiderhëllefen an et géif eis och am Fong déi Diskussioun esou maachen, datt mer en calme kënnen iwwer eenzel Punkte goen.

Wann dat net de Fall ass, géife mir eis enthalte bei där Motioun. Mee mäi Wonsch wär wierklech, se kënnen an der Kommissioun ze diskutéieren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Ech géif dann direkt d'Wuert un den Auteur vun der Motioun gi fir ze froen, ob en d'accord ass, fir dës Motioun un d'Kommissioun ze verweisen.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).**- Also, hei wéi och an anere Froe geet et eis jo net drëm, fir elo mordicus hei e Vott ze provozéieren. Ech mengen, et geet ëm d'Saach. Dofir, wa mer an der Kommissioun eng kéier a Rou kucken, vläicht kréie mer dann e konsensuellen Text, wou mer eis dermadder kënnen auserneesetzen. Mee ech wär op jidde Fall d'accord, datt mer se an d'Kommissioun verweisen. Wann aus iergendengem Grond, deen ech warscheinlech net kann novollzéien, dat net méiglech wär, da géif ech awer soen, misste mer op jidde Fall eng kéier eng Kommissiounssëtzung huelen, fir iwwert d'Problematik Taiwan ze schwätzen. Mee ech gesinn net an, firwat mer se net sollte verweisen. Wéi gesot, ech sinn do awer kompromëssbereet. Ech mengen, d'Regierungskoalitioun soll eis soen, wéi se dermat verfiert.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Cruchten.

■ **M. Yves Cruchten (*LSAP*).**- Merci, Här President. Also, meng Propos war, dass mer déi Motioun hei sollen ofstëmmen - mir wäerte géint déi Motioun hei stëmmen -, mee dass mer awer dann e feste Rendez-vous maachen - ech spiere jo, dass dat gewënscht ass -, fir eis Zäit ze huelen, fir dann iwwer Taiwan an d'ganz Géigend eng kéier an der Kommissioun ze schwätzen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Den Här Clement huet d'Wuert nach gefrot.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Jo, vu datt et jo dann awer ëm d'Ofstëmmen geet, wëll ech awer och ganz

kloer meng Positioun hei nach eng kéier kloermaachen an och eis. Ech mengen, ech hunn et virdrun an der Ried gesot, Taiwan ass engem immensen Drock ausgesat. Och hei an der Chamber ass dat hei net déi éischt Motioun, déi sech mat Taiwan beschäftigt, an ech hunn esou e Gefill am klengen Fanger, datt et och net déi lescht wäert sinn. Allkéiers, wann d'ICAO erëm zesummekënn, allkéiers, wann d'WHO zesummekënn, allkéiers, wann all aner multilateral Organisatioun zesummekënn, wou et Observateure gëtt, ass et u sech néideg, datt all Territoire op der Welt doranner vertrueden ass. Ech mengen, datt ass ee vun deenen Haaptpunkten an där Motioun hei, an aleng schonn dowéinst wär et derwäert, et ofzestëmmen.

Ech hunn ee klengen, an et ass wierklech een Detail, deen ech an de Constaten u sech fonnt hunn, dat ass, datt d'ADR seet, Taiwan hätt d'Covid-pandemie ganz gutt gemeeschtert. Ech hat dat och hei schonn eng kéier ugeschwat. Jo, den Ufank war ganz gutt. Se sinn elo zum Schluss e bëssen iwwerrannt ginn, ouni datt déi Länner, deene si virdru gehollef hunn, hinnen elo Hëllef offréiert hunn. Ech hunn dat e bësse schued fonnt. Ech hunn dat och schonn e puermol ugeschwat, datt een do och eppes hätt kënnen maachen als Lëtzebuerg.

Netdestotrotz steet hei wierklech näischt dran, wat wäit iwwert de Status quo erausgeet, wat mer haut scho maachen. An aleng dowéinst ass déi Motioun hei fir eis e ganz klore Jo.

Bon, ech fannen et eng komesch Prozedur - fir vläicht vun der Form ze schwätzen -, eng Motioun ofzeleenen an dann ze soen: „Mir wëllen awer an der Kommissioun driwwer schwätzen.“ Normalerweise sinn d'Reegelen hei am Haus gewiescht, datt, wa mer wëllen an der Kommissioun iwwer eng Motioun schwätzen, mer d'Motioun da mat an d'Kommissioun huelen, a mir stëmmen net als éischt dergéint.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Clement. Da freet den Auteur nach eng kéier d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).**- Ech wëllt awer soen, fir komplett ze sinn, datt et e bëssen en trauregt Signal ass vun der Regierungskoalitioun, well déi Motioun hei, déi ass grosso modo dat, wat de belsche Senat iwwer Taiwan elo ofgestëmmt huet an akzeptéiert huet. Dat muss een einfach wëssen. Ech war dervun ausgaangen, datt Der dat wësst. Et ass also och eppes, wou Lëtzebuerg hei eigentlech e Signal gëtt, wat wäit hannert deem zréckbleift, wat d'Belsch scho gemaach hunn.

Also, dofir hätt ech léiwer gehat, mir hätte se mat an d'Kommissioun geholl, mir hätte se vläicht e bësse geännert. Mee dat Signal, wat mer no bausse ginn, wa mir hei eppes net maachen, wat eis belsch Noperen an där selwechter Thematik gemaach hunn, dat ass net glécklech, muss ech soen.

Dofir nach eng kéier, et wär mer léiwer, mer géife se an d'Kommissioun huelen an da géife mer e konsensuellen Text ausschaffen. Mee international gesinn, fale mer hei daitlech hannert den Erwaardungen zréck.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Dann huet den Här Wiseler nach d'Wuert gefrot.

■ **M. Claude Wiseler (*CSV*).**- Ech géif dat, wat den Här Kartheiser seet, och ënnerstëtzen. Ech fannen dat komesch, wa mer se fir d'éischt hei ofstëmmen an dann duerno an der Kommissioun awer déi selwecht Diskussioun nach eng kéier féieren.

Ech géif wierklech bieten - well et gëtt och gekuckt, wat mer hei maachen, souwuel vun deenen enge wéi vun deenen aneren -, ech géif wierklech soen, datt mer eis sollen an der Kommissioun, ouni elo hei ofzestëmmen, déi Méiglechkeet ginn, da a Rou duerchediskutéieren. Dat wär wierklech e ferm expriméierte Wonsch!

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Ech mengen, da kéime mer elo zum Vott vun dëser Motioun.

■ **Une voix.**- Nee.

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Den Här Cruchten nach eng kéier.

■ **M. Yves Cruchten (*LSAP*).**- Nee, ech sinn einfach mam Contenu vu verschiddene Formulatiounen hei net averstanen an deem Text. Hei geet rieds vu méi equilibrierte Relatiounen mat Taiwan respektiv mat China. Wat soll dat heeschen? Bon, also, wéi gesot, ech hunn als Kommissionspräsident d'Offerte gemaach, dass mer eng kéier sollen en général iwwert d'Thematik schwätzen, dass mer eis sollen Zäit huelen.

Mee ech sinn der Meenung, dass déi Motioun hei mir net d'Basis gëtt, fir déi doten nach eng kéier an der Kommissioun ze diskutéieren an dann erëmze-kommen a se dann hei ofzeleenen. Mir brénge vläicht eppes Gemeinsames an der Kommissioun fäerdeg, mee net op Basis vun deem heiten Text.

Merci.





■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Also, de Vott vun der Motioun ass gefrot. Mir kommen dann elo zum Vott vun dëser Motioun.

#### Vote sur la motion 4

D'Ofstëmme fänkt un. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 6 Jo-Stëmmen, 30 Nee-Stëmmen an 22 Abstentiounen ofgeleent. Feelt do nach een?

#### (Brouhaha)

Kommt, mir kucke fir d'éischt dat genau Resultat, well et hu sech der e puer geiert.

Madamm Reding, hutt Dir mat Jo gestëmmt?

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- Genau, jo.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ok, da sinn et 7 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen an 20 Enthaltungen.

■ **Une voix.**- Dat geet awer net op!

*Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 7 voix pour, 31 voix contre et 22 abstentions.*

*Ont voté oui : Mme Viviane Reding ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par Mme Josée Lorsché), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

### 4. 7773 - Projet de loi portant approbation de l'Accord relatif à la participation de la République de Croatie à l'Espace économique européen, fait à Bruxelles, le 11 avril 2014

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den zweete Punkt vum Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7773 iwwert d'Bedelegung vu Kroatien um europäesche Wirtschaftsraum. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif d'Wuert un de Rapporteur vum Projet de loi ginn, den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

■ **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Ech war elo e bëssen ze séier. Dir hat mech nach net geruff.

Här President, duerch dëse Gesetzesprojet approvériere mer den Accord, deem d'Participatioun vu Kroatien um Espace économique européen festhält. Dësen Accord erlaabt déi komplett Integratioun vu Kroatien an den europäesche Marché unique.

Den Accord zum europäesche Wirtschaftsraum gouf den 2. Mee 1992 ënnerschriwwen, an dat vun den deemools siwe Membere vun der europäescher Fräihandelsassociatioun AELE an och den zwoelf Membere vun der Europäescher Communautéit.

D'Zil vun dësem Accord war et, fir et de Länner vun der europäescher Fräihandelsassociatioun ze erlaben, ze partizipéieren um Bannemarché vun der Europäescher Communautéit, deem 1985 lancéiert an 1992 ofgeschloss gouf. Den Accord erlaabt et, Dispositiounen vum europäesche Bannemaart op verschidde Länner vun der AELE auszewäiten. Dat geet dann och wäit iwwert den Ëmfang vun engem normalen Handelsaccord eraus. Haut sinn dat dräi Länner vun der AELE, an zwar Norwegen, Island a Liechtenstein. D'Schwäiz huet den Accord zwar ënnerschriwwen, awer net ratifizéiert.

Déi aner fréier Membere si mëttlerweil Member vun der Europäescher Unioun. Zanter 2004 integréieren

nei EU-Memberstaaten den EEE dann och automatesch.

Fir Kroatien, dat der Europäescher Unioun jo 2013 bäigetrueden ass, ginn d'Dispositiounen zanter 2014 provisoersch applizéiert, dat en attendant, dass alleguer d'Länner den Accord ratifizéieren.

Ech wëll lech duerfir och net ze vill mam Inhalt vun deem Accord ploen. Dat ass alles relativ komplizéiert. Eng konkreet Auswierkung vum Accord ass awer, dass d'Quot fir Norwegen an Island, fir Fësch a Fëschproduiten an den europäesche Wirtschaftsraum ze exportéieren, méi grouss ginn ass, vu dass de Wirtschaftsraum selwer mam kroatesche Baitrëtt jo och gewuess ass.

De Rescht kënn Der dann a mengem geschriwwene Rapport noliesen. Der Vollstännegkeet halber wëll ech kuerz op d'Aarbechten an der Kommissioun agoen. Den 31. Mee hu mer de Gesetzesprojet an den Avis vum Staatsrot, dee keng Observatioun zum Projet hat, analyséiert. De 5. Juli hu mer de Rapport dann ugeholl. An heimadder ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Rapporteur Yves Cruchten.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen.

#### Discussion générale

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President. Ech fänken u mat engem ganz grouse Merci un de Rapporteur Yves Cruchten, deem dat op eng ganz konzis, prezis a kuerz Aart a Weis gemaach huet. En huet op d'Wichtegkeet vun deem Accord higewisen, soudatt mir näischt aneschters soss nach iwwreg bleift, wéi den Accord vu menger Fraktioun ze bréngen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Mosar. Da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Gusty Graas.

■ **M. Gusty Graas (DP).**- Jo, merci, Här President. Ech mengen, fir Kroatien ass dat do natierlech e wichtege Moment, e Land, wat jo 2013 an d'Europäesch Unioun komm ass a wat entre-temps, géif ech soen, sech och relativ gutt entwéckelt huet. Duerfir ass dat do ze begrëssen. Den Espace économique européen gëtt och elo doduerch nach méi grouss.

Ech wëll dem Yves Cruchten Merci soe fir seng verschidde Rapporten. A selbstverständlech bréngen ech och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Graas. Da geet d'Wuert weider un d'Madamm Empain.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).**- Villmools merci, Här President. Ech schlësse mech menge Virriedner un a soen och dem Rapporteur villmools Merci fir säi Rapport. Mir hunn deem net vill, fir net ze soen näischt, bäizefügen. Mir ginn domadder eisen Accord.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Empain. An dat selwecht vum Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Absolutt. Dofir wëll ech elo just e Merci soen. An ech si frou, datt den Dag esou harmonesch auskléngt.

#### (Hilarité)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Dann huet nach den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

#### (Brouhaha)

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bon, ech mengen, ech maache mer zwar elo keng Kolleegen, andeems ech eropkomm sinn.

#### (Hilarité)

Netdestotrotz, mat dësem Text gëtt Lëtzebuerg jo da bekanntlech säin Accord, fir Kroatien an den Europäesche Wirtschaftsraum opzehuelen. An d'Land ass jo schonn eng Zäitchen, aacht Joer, Member vun der Europäescher Unioun. Et gëtt Zäit, datt d'Land och vun de wirtschaftleche Virdeeler profitéiere kann. Ech mengen, dat ass kloer. Do gëtt et och net vill derzou ze soen.

Duerfir kann ech och scho verroden, datt mer de Projet wäerte matstëmmen. Ech hätt also kënne vu menger Plaz aus den Accord ginn.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Dat wier eng ganz gutt Iddi gewiescht.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Dat wär eng „schöne heile Welt“ gewiescht, Madamm Lorsché. Mee et wär keng gutt Iddi gewiescht, well et muss een awer zu Kroatien e bëssen eppes soen.

Et muss een nämlech soen, datt d'Land an deene leschte Joren a puncto Asylrecht géint all d'Wärter verstéisst, déi d'Piraten, awer och Europa insgesamt, vertrieiden.

Am Summer huet de „Spiegel“ erëm vu systematesche Pushbacks vu kroatesche Grenzbeamte bericht. Mir hu virun e puer Minutten hei eng Motioun gestëmmt, wou mer Pushbacks verdamen. Hei schwätze mer elo iwwer e Land, iwwer en Traité mat engem Land, wat genau dat mécht. Duerch illegal Pushbacks matzen an der Nuecht gi Flüchtlingen zréck iwwert déi kroatesch-bosnesch Grenz verdríwwen. Engem Schwäizer Kameratam no, dat mam „Spiegel“ eng Enquête gestart hat, goufe mindestens 65 Flüchtlingen aleng an enger Woch op engem Grenziwwergang zréck a Bosnie gedriwwen, dorënner vill Famillje mat Kanner.

Dëst ass e mënschenonwierdegt Verhalen an dëst Verhalen ass onwierdeg fir e Land an der Europäescher Unioun. Mir Piraten verurteelen op d'Schäerfst d'Praktik vun den illegale Pushbacks, déi op esou ville Plazen un der EU-Baussegrenz mëttlerweil Usus ze si schéngen.

Mir fuerderen duerfir Kroatien op, déi Fräiheeten, déi se duerch den Antrëtt an d'EU an an den EEE erhalen hunn, och deene Mënschen zouzegestoen, déi mat engem klenge Rucksak um Réck Honnerte vu Kilometer reesen, fir eng sécher Plaz fir ze liewen ze fannen.

Dës Mënsche verloossen hir Länner, well hinne keen anere Choix bleift. An dës Mënsche musse sech eiser Ënnerstëtzung sécher sinn. D'Fräiheeten an der EU sinn net nëmmen ekonomescher Natur, mee se sinn och mënschlecher Natur.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Ech si mat allem d'accord, och wat den Här Clement gesot huet. Ech hunn elo grad erzielt, dass mer e wéineg do gehollef hunn engem Mënsch, deem aus dem Iran op där Grenz war an esou zerschloe ginn ass, dass en elo quernëttsgeläamt ass an dee mer dann hei zu Lëtzebuerg opgeholl hunn.

Mee bon, d'Welt dréit virun. Kroatien ass Member vun der Europäescher Unioun. An ech hoffe wierklech, dass Kroatien - an d'Generalsekretärin vum Conseil de l'Europe ass eng fréier Ausseministesch aus Kroatien -, dass dat Land net op eng Schinn kënnst, wéi verschidde Länner an där Regioun et do sinn. Dat ass mäi Wonsch. An ech versichen och, mat mengem Kolleeg ëmmer doriwwer ze schwätzen. Ech hoffen, dass dat och an Erfüllung geet.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Ausseminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7773. Den Text steet am Document parlementaire 7773<sup>2</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7773 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vot par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7773 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par Mme Stéphanie Empain), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 5. Question élargie n° 116 de Mme Viviane Reding au sujet du statut de siège européen du Luxembourg

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 116 vun der Madamm Viviane Reding iwwert de Statut vu Lëtzebuerg als europäesche Sëtz. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an eventuell no der Äntwert vum Minister eng Zousazfro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Madamm Reding, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- Jo, merci, Här President. Den Här Ausseminister huet gëschter op dëser Plaz d'Entwécklung vun den europäeschen Institutiounen zu Lëtzebuerg ënnerstrach. An en huet besonnesch déi positiv Developpementer am Beräich Finanzen a Justiz analyséiert. Do wëll ech also net weider drop agoen.

Déi Problemer, déi ech haut wëll usprieche, déi kënnen nëmme geléist ginn an enger Zesummenaarbecht tëschent Lëtzebuerg a Bréissel. An dofir wollt ech op Franséisch virufueren, fir datt och ausserhalb vu Lëtzebuerg verstane gëtt, wat mir hei diskutéieren.

Une série d'institutions européennes sont installées à Luxembourg. Et pour qu'il y ait un traitement juste et équilibré entre les sièges de Bruxelles et de Luxembourg, il y a un accord signé entre la Commission européenne et le Luxembourg, le dernier en date de 2015 entre le ministre Asselborn et le commissaire Georgieva. Cet accord prévoit le renforcement des pôles juridique, financier et numérique et un maintien des autres services de l'Union à Luxembourg.

Alors qu'en est-il ? Le renforcement des pôles financier et juridique va dans le bon sens. Le pôle numérique par contre souffre du fait que sur les trois postes de management prévus à Luxembourg il y en ait zéro. Il ne s'agit donc pas d'un renforcement, mais d'un affaiblissement. Là où le bât blesse, c'est concernant le pôle santé publique. Malgré l'engagement formel, et je cite : « de déléguer davantage de programmes et de renforcer le personnel », le contraire est vrai.

Premièrement, la Chafea, l'agence exécutive pour les programmes de santé, a été démantelée à Luxembourg et intégrée dans une nouvelle structure à Bruxelles - 79 postes éliminés.

Deuxièmement, les onze fonctionnaires qui avaient reçu comme mission d'élaborer la nouvelle politique « réponse urgente à des phénomènes de pandémie » ont tous été transférés de Luxembourg à Bruxelles.

Et troisièmement, à Bruxelles la Commission européenne a établi une nouvelle direction générale HERA, Health Emergency Response, ce qui mènera à terme au transfert total du pôle santé européen de Luxembourg à Bruxelles. La structure HERA se voit doter, pour commencer, de 120 personnes à Bruxelles.

En d'autres termes, il s'agit d'une élimination par tranches qui aura comme conséquence le démantèlement du pôle santé à Luxembourg. L'accord Asselborn-Georgieva est vidé de sens et les intérêts du Luxembourg sont bafoués.

Sou. A wat seet dann elo eis Regierung hei derzou? Ënnerhëlt si eppes konkret, a weini, fir déi doten net akzeptabel Situatioun ze änneren? Hei gëtt et e feste schrëftlechen Accord, dee Stéck fir Stéck ausgehielegt gëtt. An dofir wëll ech gäre vum Ausseminister wëssen, wat domadder geschitt.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Reding. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, also ech soe fir d'éischt der Madamm Reding Merci fir déi Fro, déi selbstverständlech berechtegt ass, a versichen dann dorobber ze äntworten, esou wéi d'Regierung dat gesäit.

Fir d'éischt wëll ech vläicht kuerz op d'Wuerzele vun där HERA zréckkommen. Si zitt eigentlech hir Raison d'être aus der aktueller Pandemie. D'Schafe vun enger europäescher BARDA (ndlr: Biomedical Advanced Research and Development Authority) ënnert der Form vun enger Agence gouf um 16. September 2020 vun der Madamm von der Leyen an hirer Ried zur Lag vun der Unioun 2020 eng éischte Kéier opbruecht.

Dunn, e Joer méi spéit an der Ried zur Lag vun der Unioun 2021, huet d'Kommissiounspräsidentin dunn d'Schafe vun der HERA - esou den neien Numm vun där geplangter Agence - als Autoritéit ugekënnegt. Virun deem Hannergrond kouw d'Decisioun vun der Europäescher Kommissioun den Dag drop schonn, de 16. September 2021, fir d'HERA





direkt - direkt! - als interne Service vun der Kommissioun opzesetzen. An dat kouw fir all d'Memberstaaten iwwerraschend.

De Conseil gouf hei och net consultéiert. Dat war eng Decisioun, déi reng intern vun der Kommissioun geholl gouf. D'Kommissioun huet hir Decisioun mat der Noutwendegkeet argumentéiert, fir d'HERA esou séier wéi méiglech operationell ze hunn.

Donieft huet d'Europäesch Kommissioun de Memberstaaten e Reglement virgeluecht, deem ënner anerem den Ëmfang vun den Aufgabe vun der HERA soll festleeën. Dës Propos geëtt aktuell am Conseil diskutéiert. An d'Regierung huet, wéi all déi aner Memberstaaten, eng Rëtsch Froen zu dëser Propos, och wat d'Kompetenzen an d'Finanzéierung vun der HERA, wéi och déi vun der Kommissioun virgeschloe juristesche Basis, ubelaangt.

Momentan kann een och net mat Sécherheet viraussoen, wéini zu dëser Propos en Accord am Conseil wäert kommen. Wat ech lech awer mat Sécherheet ka soen, dat ass, dass d'Regierung dës Diskussioun ganz enk suivéiert an d'Lëtzebuurger Interessie verdeedegt.

Am Sënn vun der Resolutioun, déi d'Chamber jo am Juni 2020 geholl huet, an am Hannergrond vun där rezenter Decisioun vun der Kommissioun iwwer Chafea, hat d'Regierung schonns ganz fréi, no der éischter Annonce am September 2020 vusäite vun der Kommissioun, dass se wëllt sou eng nei Agence grënnen, d'Initiativ ergraff, an der Europäescher Kommissioun, an dat op allen Niveauen, eisen Interêt, fir dës Agence hei zu Lëtzebuerg unzesidelen, matgedeele.

An hiren Demarchen huet d'Regierung net nëmmen op déi grouss Experienz vun der Direktioun C, vun der Generaldirektioun Gesondheet a Liewensmëttelsécherheet DG Santé, mee och op déi zu Lëtzebuerg present Servicer vun der Kommissioun an anere relevanten Domänen an déi dofir méiglech Synergien an och Kooperatiounen zu Lëtzebuerg higewisen. An ech wëll op dëser Plaz déi zentral Koordinatiounsroll tëschent den EU-Memberstaaten ernimmen, déi d'Direktioun C an d'DG Santé während der Pandemie iwwerholl hunn an nach ëmmer iwwerhuelen, dat ënner anerem mam Health Security Committee, dee seng Pleniëren, wéi Der wësst, am Schloss zu Senneng ofhält.

D'Regierung wäert d'Efforten och weiderféieren, och wa mer am Moment net méi vun enger Agence décentralisée oder enger Agence exécutive schwätzen.

An deem Kontext sief erwäant, dass d'Decisioun vun der Kommissioun eng Clause de révision huet, eng Clause de révision, déi beseet, dass virun 2025 eng Evaluatioun vum Fonctionnement vun der HERA gemaach wäert ginn, y compris och, wat hir Struktur an hir Gouvernance betrëfft.

Och am Projet vum Reglement iwwert d'Missiounen vun der HERA ass eng Clause de révision virun 2025 virgesinn, e Punkt, op deem och Lëtzebuerg an der Diskussioun wäert staark insistéieren. D'Dier, fir dass d'HERA entweeder eng Agence décentralisée oder eng Agence exécutive geëtt, ass also net definitiv zou. Hei mussen mer weider usetzen. An ech weess, dass mir hei op eng Ënnerstëtzung vun der Chamber an op déi vun eisen Europadeputéierten ziele kënnen.

Dann nach e Wuert zu den Effektiver vun der HERA, ier ech kuerz nach op dee sougenannte „Pôle de

santé“ zu Lëtzebuerg aginn. D'Europäesch Kommissioun huet fir 2021 maximal 48 Poste virgesinn, vun deenen der aktuell ongeféier 16 besat goufen, ier d'Kommissioun fir 2022 eng Verduebelung op 96 Poste virgesäit. A vun 2023 u soll d'HERA dann e Maximum vun 120 Posten errechen.

Wat elo de Pôle santé zu Lëtzebuerg ubelaangt, dee jo och déi honorabel Deputéiert, d'Madamm Reding, ugeschwat huet, sou loosst mech just preziséieren, dass den Accord Asselborn-Georgieva vun 2015 explizitt jo déi dräi Pole genannt huet: Finanzpol, Justizpol an digitale Pol. An d'Presenz vun der Direktioun C, also d'ëffentlech Gesondheet vun der DG Santé zu Lëtzebuerg, ass am Protokoll Nummer 6 iwwert d'Verdeelung vun de Sätz vun der Europäescher Institutioun a verschidden europäeschen Organer, deem un den EU-Vertrag hänkt, garantéiert.

Dëse Protokoll ass en Deel vum Droit primaire vun der Europäescher Unioun an domat ass de Sätz vun der Direktioun C zu Lëtzebuerg fixéiert, well natierlech d'Traitée méi staark Valeur hu wéi bilateral Accorden.

D'Effektiver vun der DG Santé zu Lëtzebuerg ginn natierlech an de globalen Taux agerechent, wat d'Presenz vun der Kommissioun am Grand-Duché ugeet, dee mir 2015 zesumme mat der Kommissioun an deem sougenannten „Accord Asselborn-Georgieva“ festgehalen hunn.

Am Kader vun der Ëmsetzung vun dësem bilateralen Accord ass d'Regierung dann och am Dialog mat der Europäescher Kommissioun fir ze kucken, wéi déi Presenz vun der DG Santé zu Lëtzebuerg consolidéiert respektiv ausgebaut ka ginn a verstärkt e Pôle santé etabléiert ka ginn, dee vun de ville Synergiméiglechkeeten zu Lëtzebuerg - dat

net nëmmen mat anere Kommissiounsservicer am digitale Beräich, mee och am eSanté-Beräich - kéint profitéieren.

Mat sengem dynameschen Ecosystem, souwuel um ëffentleche wéi och um privaten Niveau, ass de Beräich vun der eSanté zu Lëtzebuerg gutt opgestallt fir nei an och fir existent europäesch an international Strukturen am Gesondheitsberäich. Eng verstärkte Kooperatioun a verstärkt Kommissiounsservicer wäeren esou net nëmmen am Sënn vum Accord Asselborn-Georgieva, do hutt Der Recht, mee och am Sënn vun der Gesondheitsunioun, déi d'Kommissioun jo ustriift an där hir Objektivier Lëtzebuerg voll ënnerstëtzt.

Ofschléissend wëll ech nach ënnersträichen, dass d'Regierung hir Sätzpolitik konsequent weiderféiere wäert, dat souwuel, wat déi dräi grouss Polen ugeet, mee och, wat d'Strukturen an anere Beräicher ugeet, déi sech hei am Grand-Duché usidele kéinten oder wou ee verstärkt Synergie mat bestoenden europäeschen an nationale Servicer kéint herstellen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Ausseminister. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir sinn och um Schluss vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 19.12 heures.)*



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Dépôt d'une proposition de loi par Mme Myriam Cecchetti

- Exposé : Mme Myriam Cecchetti

### 3. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la précarité énergétique

- Exposé : M. Gilles Roth

- Débat : M. Max Hahn - M. Georges Engel - M. François Benoy (dépôt de la motion 1) (intervention de M. Sven Clement) - M. Fred Keup (interventions de M. Sven Clement) (dépôt des motions 2 et 3) - Mme Myriam Cecchetti (dépôt des motions 4 à 8) - M. Marc Goergen

- Prises de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie - Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

- Motion 1 : M. Gilles Roth - M. Marc Goergen - M. François Benoy - M. Marc Goergen - Mme Myriam Cecchetti - M. Fred Keup - M. Georges Engel

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

- Motion 2 : M. Gilles Roth - M. Max Hahn - M. Marc Goergen - Mme Myriam Cecchetti

- Vote sur la motion 2 (rejetée)

- Motion 3 : M. Gilles Roth - M. François Benoy - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen - M. Fred Keup - M. Georges Engel

- Vote sur la motion 3 (rejetée)

- Motion 4 : M. Gilles Roth - Mme Semiray Ahmedova - Mme Myriam Cecchetti

- Vote sur la motion 4 (rejetée)

- Motion 5 : M. Gilles Roth (interventions de M. le Ministre Claude Turmes) - Mme Myriam Cecchetti - M. François Benoy - M. Roy Reding - Mme Myriam Cecchetti - M. Sven Clement - M. Carlo Back - M. Gilles Roth - M. le Ministre Claude Turmes

- Vote sur le renvoi de la motion 5 en commission (adopté)

- Motion 6 : M. Max Hahn - M. Gilles Roth - M. Sven Clement - Mme Myriam Cecchetti - M. Fred Keup

- Vote sur la motion 6 (rejetée)

- Motion 7 : M. François Benoy - Mme Myriam Cecchetti

- Vote sur le renvoi de la motion 7 en commission (adopté)

- Motion 8 : M. Gilles Roth - M. François Benoy - M. Sven Clement - M. Fred Keup - M. le Ministre Claude Turmes - M. Gilles Roth - M. le Ministre Claude Turmes (intervention de M. Roy Reding)

- Vote sur la motion 8 (rejetée)

### 4. Dépôt d'une motion par M. Jeff Engelen

- Exposé : M. Jeff Engelen

### 5. Interpellation de M. Gilles Baum au sujet de la viticulture au Luxembourg

- Exposé : M. Gilles Baum (interventions de M. Léon Gloden et Mme Martine Hansen) (dépôt de la motion 1)

- Débat : Mme Octavie Modert (dépôt des motions 2 à 5) -

- Mme Tess Burton - Mme Chantal Gary - M. Jeff Engelen - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen (intervention de M. Sven Clement)

- Prise de position du Gouvernement : M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural (intervention de M. Sven Clement)

- Motion 1 : Mme Octavie Modert - M. Gilles Baum

- Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)

- Motion 2 : Mme Tess Burton - Mme Octavie Modert

- Vote sur la motion 2 (rejetée)

- Motion 3 : Mme Tess Burton - Mme Octavie Modert

- Vote sur la motion 3 (rejetée)

- Motion 4 : M. François Benoy - Mme Octavie Modert - M. le Ministre Romain Schneider (intervention de Mme Octavie Modert)

- Vote sur la motion 4 (rejetée)

- Motion 5 : Mme Tess Burton - Mme Octavie Modert

- Vote sur la motion 5 (rejetée)

### 6. Motion de M. Jeff Engelen relative à l'octroi d'aides financières aux agriculteurs suite à la hausse des prix de l'engrais

- Discussion générale : Mme Tess Burton - Mme Martine Hansen

- Prise de position du Gouvernement : M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural - M. Jeff Engelen (parole après ministre)

- Vote sur le renvoi de la motion en commission (adopté)

### 7. 7643 - Projet de loi sur les données ouvertes et la réutilisation des informations du secteur public

- Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications : M. Guy Arendt

- Discussion générale : Mme Diane Adehm - Mme Lydia Mutsch - M. Marc Hansen - M. Sven Clement - Mme Nathalie Oberweis

- Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Ministre de la Digitalisation

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 8. 7772 - Projet de loi portant modification des articles L. 651-2 et L. 651-4 du Code du travail

- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Georges Engel

- Discussion générale : M. Marc Spautz - Mme Carole Hartmann - M. Carlo Back - Mme Myriam Cecchetti - M. Jeff Engelen - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 9. 7858 - Projet de loi portant :

- 1° dérogation temporaire à l'article L. 511-5 du Code du travail ;

### 2° modification du Code du travail

- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Georges Engel

- Discussion générale : M. Marc Spautz (interventions de M. le Ministre Dan Kersch) (dépôt de la motion 1) - Mme Carole Hartmann - M. Carlo Back - M. Jeff Engelen - Mme Myriam Cecchetti - M. Sven Clement (interventions de M. le Ministre Dan Kersch)

- Prise de position du Gouvernement : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

### 10. 7525 - Projet de loi portant modification :

- 1° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

- 2° de la loi du 15 décembre 2019 portant modification

- 1° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

- 2° de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique ;

- 3° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

- 4° de la loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État ;

- 5° de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;

- 6° de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale

- Rapport de la Commission de la Fonction publique : M. Gusty Graas

- Discussion générale : M. Dan Biancalana - M. Carlo Back - Mme Diane Adehm - M. Marc Goergen (intervention de M. Sven Clement)

- Prise de position du Gouvernement : M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre ; M. Romain Schneider, Mme Corinne Cahen, M. Marc Hansen et M. Claude Turmes, Ministres.**





(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Dat ass net de Fall, Här President.

## 2. Dépôt d'une proposition de loi par Mme Myriam Cecchetti

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci. Da géif ech direkt d'Wuert ginn un d'Madamm Myriam Cecchetti fir den Depot vun enger Proposition de loi. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*), *auteure*.- Merci, merci. Här President, am Numm vun déi Lénk deposéieren ech de Gesetzesprojet ausgoend vun der CSL fir d'Opwärtung vun de Prestations familiales, dat heescht souwuel eng Opwärtung vum Kannergeld wéi och vun der Allocation spéciale supplémentaire, der Allocation de rentrée scolaire an der Allocation de naissance. Dës Opwärtung soll elo direkt gemaach ginn a beleeft sech op 10,38 %. Firwat 10,38 %? Ma well säit 2014 d'Familljegelder 7,7 % u Wäert verluer hunn.

2014 ass och d'Joer vum Accord tëschent de Gewerkschaften an der Regierung, an deem festgehale gouf, datt d'Familljegelder éischstens erëm indexéiert sollte ginn an zweetens dofir e Mechanismus sollt ausgeschafft ginn, deem déi Indexéierung dann automatesch mécht, wann d'Liewensdeierecht an d'Luucht geet. Dat ass awer bis haut net geschitt an den Accord ass deemno net vun der Regierung agehale ginn. Well elo viru Kuerzem nach eng Indextranche bäikomm ass, betrëfft den Ecart tëschent de Familljegelder an der Liewensdeierecht net méi 7,7 %, mee 10,38 %.

Här President, eng immediat Opwärtung vun de Familljeprestatiounen vun 10,38 % nach virun der fälliger Indexéierung am Januar 2022 ass den absolute Minimum, deem d'Regierung elo ka maachen, fir de Stéit méi Kafkraaft ze ginn a se virun allem virun Aarmut ze schützen - den absolute Minimum, well et misst nach vill méi geschéien, fir ze verhënneren, dass zu Lëtzebuerg Leit, déi eng Famill grënnen, sech méi engem Aarmutrisiko aussetze wéi Stéit ouni Kanner. A wann ee kuckt, wéi eng Stéit am meeschten dem Aarmutrisiko ausgesat sinn, da confirméiert sech dat, wat sech trauregerweis op villen anere Plaze confirméiert: Frae sinn am meeschte vun der Prekariséierung betraff a rutschen ëmsou méi séier an d'Aarmut, wa se Mamm ginn an elengerzéiend sinn.

Här President, 38 %, dat ass den Aarmutrisikotaux fir Elengerzéiender zu Lëtzebuerg. 85 % vun den Elengerzéiende si Fraen. An et sinn och nach ëmmer d'Fraen, déi méi Zäit an d'Aarbechten am Stot an an d'Kannererzéiung investéieren - och wa se e Partner hunn. Frae schaffen och nach méi oft Hallefzäit wéi Männer, haaptsächlech, fir sech ëm d'Famill ze këmmern. Manner laang schaffen heescht manner verdéngen. Et kann net sinn, datt Kannerkréien heescht, ze riskéieren, aarm ze ginn - notament fir Fraen! Déi Lénk wëllen dëse Veraarmungsprozess elo direkt stoppe mat enger Opwärtung vun de Familljeprestatiounen an an Zukunft mat der Aféierung vun enger automatescher Indexéierung vun dëse Prestatiounen.

Voilà, ech iwwerreechen Iech heimadder ...

**7911** - *Proposition de loi proposition de loi concernant la revalorisation des prestations familiales et modifiant : - le Code de la sécurité sociale - la Loi du 23 juillet 2016 portant modification 1. Du Code de la sécurité sociale ; 2. De la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant et en expose brièvement le contenu.*

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Villmools merci.

## 3. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la précarité énergétique

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Chamber féiert haut de Mëtteg eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Energieaarmut. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här Max Hahn, den Här Georges Engel, den Här François Benoy, den Här Fred Keup, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Gilles Roth als Vertrieder vun der CSV-Fraktioun, déi dës Aktualitéitsstonn ugefrot huet. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Minister, Dir Häre Ministeren, gëschter gouf an enger grousser däitscher Dageszeitung, der „Bild-Zeitung“, fir se net ze nennen, op der éischter Säit betitelt: „In diesem Teuer-Winter wächst die Schulden-Gefahr.“ Dat, wat fir 80 Milliounen däitsch Staatsbierger zoutréfft, mengen ech, trëfft och fir 650.000 Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, zou. An d'Chiffere vun Eurostat, déi bestätegen dat eigentlech.

Zënter Ufank vum Joer kenne mer hei zu Lëtzebuerg déi héchst Augmentatioun vun den Energiepräisser an der ganzer Europäescher Unioun: e Plus vu saten 31 %. Néierens an der ganzer Europäescher Unioun hunn d'Leit mat méi enger staarker Augmentatioun vun den Energiepräisser ze di wéi hei am Land!

A wann een d'Zuelen emol kuckt, wat de Bensinn an de Mazout an d'Hëtzes dorëmmer kaschten, dann, mengen ech, weess jiddwereen, dass et och fir säi Beidel geet. Iwwert dat lescht Joer, vun November 2020 bis November 2021, Dir Dammen an Dir Hären, ass de Bensinn, den 98er, ëm 45 % an d'Luucht gaang, de 95er ëm 44 %, den Diesel ëm glat 50 % an den Heizueleg ëm 108 %. Dat ass méi wéi verduebelt!

A fir dat emol ze verdäitlechen, wat dat op engem normalen Tank vu 50 Liter - dat ass net deen décksten Tank - ausmécht: e Plus bei all Tankfëllung vu 24 Euro um Bensinn an 23 Euro um Diesel. An den Automobilsclub huet d'Berechnung gemaach, wat dat dann op e Joer ausmécht fir eng Persoun, déi en Auto huet, dee sechs Liter verbraucht - dat ass net deen décksten Auto - an 20.000 km d'Joer fiert: Dat ass e Plus beim Bensinn vu 596 Euro d'Joer, bei dem Diesel vu 559 Euro - ech betounen: pro Joer.

Et gëtt ëmmer gesot: „Jo, déi meescht Leit, déi hëtzen iwwerhaupt net méi mat enger Mazoutsheizung.“ Dir Dammen an Dir Hären, op 265.000 Stéit, déi et am Land gëtt, hëtze 54.218 Leit hiert Haus nach mat Mazout. Dat si 22 % vu sämtleche Stéit, déi am Land sinn. 90.000 Stéit, dat sinn 33 %, hëtze mat Gas. Eleng op enger Mazoutsheizungsrechnung mécht dee Plus op dem Mazoutsueleg - elo haalt Iech gutt un! - 867 Euro d'Joer aus bei engem Verbrauch vun 2.100 Liter pro Joer. Dat ass net deen déckste Verbrauch. Ech kann all déi Chiffere beleeen.

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt jo gesot: „Mee dat gëtt alles duerch den Index ausgeglach.“ Mir hunn eis dann d'Méi gemaach fir ze rechnen, wat bei engem Akommes vu 5.000 Euro - dat ass net dat déckst, mee dat ass awer och net dat klengsten Akommes - de Plus um Index pro Mount ausmécht. Dat si 64 Euro de Mount, 786 Euro d'Joer. Wann Der also déi Zuele vun dem Index vergläicht, da gesitt Der, dass de gesamten Index, deem d'Leit iwwer ee Joer bäikréien, mol net duergeet, fir d'Brennes vun engem Joer an engem Heizungsmazoutstank auszegläichen.

Bei der Gasheizung: Dir Dammen an Dir Hären, den Direkter vu SUDenergie huet kierzlech am „Tageblatt“ en Interview ginn an do huet e kloer an däitlech gesot, dass et bis elo eng Hausse gouf um Gas vu 55 % an dass eng Präisdeierecht am Ufank vum Joer vun 20 % bis 25 % nach weider aussteet. An en erkläert och - an et si jo eng Rei vun Deputéierten, déi mer dat confirméiert hunn, dass se esou e Bréif kruten -, dass d'Avancen um Gas, déi monatlech Avancen, déi ze bezeule sinn, ëm ronn 90 Euro pro Mount an d'Luucht gaange sinn - 90 Euro pro Mount! Dat heescht also, dass déi 64 Euro, déi deen um Index bäikritt, dee 5.000 Euro de Mount verdéngt, emol net zu zwee Drëtzel duerginn, fir déi Augmentatioun vun der Avance um SUDenergie-Gas auszegläichen.

Véierte Punkt: d'Kompositioun - an dat ass en Dokument, wat an der Finanzkommissioun ausgedeelt gouf - vun der Douanesverwaltung. En Tank vu 50 Liter Diesel kascht ronn - oder huet kascht viru 14 Euro - 66,40 Euro. Vun deene 66,40 Euro fale 36 Euro op de Produit énergétique, dat heescht de Rohstoff. An de Rescht, dat sinn 31 Euro, déi falen eleng op d'Taxen. Dat verdeelt sech dann esou, dass 54 % Rohstoff sinn a 46,6 % staatlech Taxen. Fir et am Detail ze soen: d'Accisen 31,3 % an d'TVA 14,9 %.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een e bësse kuckt, wat dann an dem europäeschen Ausland d'Positiounen vun den eenzelne Regierungen sinn, wéi mat där Präisdeierecht, déi een hei net ka klengrieden, ëmgaange gëtt, da gesäit een, dass zum Beispill a Frankräich ganz vill Stéit den Energie-Chèque kréien. A Spuenien gi se eng aner Schinn a froen en Erofsetze vun der TVA.

Déi ass zu Lëtzebuerg och 17 %. A Groussbritannien stelle se e Fong besonnesch fir déi Haushalter mat méi bescheidenem Akommes zur Verfügung. An Däitschland gëtt vu verschiddene Spëtzepolitiker driwwer nogeduecht, d'TVA erofzesetzen. An der Belsch gëtt den Tarif social méi breet ugepasst. An Italie soll et eng Suspensioun vun den Energietaxe

bis d'Enn vum Joer ginn. An an anere Länner maa-che se och eng gewëss Spär um Niveau vun der Präisdeierecht, zum Beispill a Portugal, wou notament Aiden ausbezuelt ginn.

Wann ee kuckt, wat d'Lëtzebuerger Zivillgesellschaft seet: Den OGB-L als grouss Gewerkschaft fuerdert eng automatesch Adaptatioun vun de Steierkreditter an eng Suspensioun, dat heescht eng Afréierung vun der geplangter CO<sub>2</sub>-Steier op den 1. Januar 2022. D'Union luxembourgeoise, also de Konsumenteschutz, dee freet, dass een e Gel des prix, also eng Afréierung vun de Präisser, sollt virgesinn. D'Caritas freet, dass een e Moratoire op den Energiepräisser soll virgesinn an dass een déi sozial Kompensatioun sollt an d'Luucht setzen. A finalement den Automobilsclub - dat konnt och jiddwereen an der Press liesen -, dee freet, dass een ab dem 1. Januar 2022 op d'Augmentatioun vun der CO<sub>2</sub>-Steier renoncéiert.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, stellen ech der Regierung, an absënns dem grénge Energieminister Turmes, folgend Froen: Wéi geet d'Regierung gäre mat deem Appell vun der Zivillgesellschaft ëm - ech hunn der elo hei e puer genannt -, fir déi Präisdeierecht auszegläichen?

Zweet Fro: Wëllt d'Regierung nach weiderhin un der Manipulatioun vun dem Index festhalen an deem Sënn, dass d'CO<sub>2</sub>-Steier sech net am Index erëmfënnt?

Drëtt Fro: Gesäit d'Regierung eventuell vir, fir kuerzfristeg eng Reduktioun vun den Accisen oder der TVA op den Energiepräisser anzeféieren?

Véierte Punkt: Wéi steet et mat dem Kilomergeld? Dir wësst, dass d'Kilomergeld vun 0,4 % op 0,3 % am Spuerpak 2014 erofgesat gouf. Op jidde Fall waren deemools d'Energiepräisser net esou héich wéi se elo sinn.

Fënnefte Punkt: Wéi ass et mat enger eventueller Avance vun der Akellerungsprimm, der Allocation de vie chère? Déi betrëfft ëmmerhin 30.000 Leit hei am Land.

A sechste Punkt: Wéi gesäit et aus mat der Entlaaschtung vun der Mëttelschicht um Niveau vun de Steieren?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss: An den Ae vun der CSV besteet d'Aufgab vun der Politik net doranner, fir de Leit permanent nei Verbueter opzebrummen an och nach mam héije Moralfanger a Saachen Energieverbrauch virzegoen. D'Aufgab vun der Politik, Dir Dammen an Dir Hären, besteet fir eis villméi doranner, sech ëm déi bestoend Suerge vun de Leit ze këmmern, an dat sinn nientder der Explosioun vun den Energiepräisser och d'Logementspräisser, dat ass virun allem d'Explosioun vun dem Aarmutrisiko an dat ass och eng ëmmer méi grouss Steierlaascht, besonnesch fir déi grouss Mëttelschicht.

D'Äntwert vun der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären, hu mer beim État de la nation gesinn an ech ginn dervun aus, dass mer dat och haut gesinn: Déi ass op déi substanzuell Froe fir den Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft gläich null.

Fir eis, fir d'CSV, huet d'Regierung op deene Punkte kläglech versot, an dat zum Leidwiese vu villen onzefriddene Leit, besonnesch aus där ëmmer méi breeder Mëttelschicht. A mir hoffen, dass et net geet wéi an anere Länner, dass d'Cohésion sociale op dëser Fro auserneebrécht.

Ech soen Iech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Roth.

An da wier et um honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

### Débat

■ **M. Max Hahn** (DP).- Merci, Här President. Ech mengen, mir kënnen eis alleguerte gutt erënneren, wéi am Ufank vun der Pandemie am Abrëll 2020 déi weltwäit Pëtrolspräisser esou déif an de Keller gaange sinn, dass momenterweis negativ Präisser bezuelt gi sinn, fir där grousser Offer Meeschter ze ginn. Du jamais-vu war dat!

Elo, knapps annerhalleft Joer méi spéit, erliewe mer déi géigesätzlech Situatioun. D'Demande ass grouss. D'Wirtschaft huet iwwert déi lescht Méint nees gutt ugezunn. An nodeems d'Matière-première rar an domat deier gi sinn, sinn och d'Energiepräisser zanter Ufank des Joers quasi explodéiert, sief et de Bensinn an den Diesel, déi fir Lëtzebuerger Verhältnisser absolutt Héchststänn erreecht hunn, sief et Äerdgas, wou de Präis ëm ronn 25 % bis 30 % am Laf vun engem Joer geklommen ass, an och de Stroumpräis klëmmt, wann och net grad esou dramatesch.

D'Grënn heifir sinn ënnerschildlech: vun enger wirtschaftlecher Reprise, déi, wéi gesot, eng Demande schafft, déi méi grouss ass wéi d'Offer; eng Offer, déi vläicht bewosst niddreg gehale gëtt aus geopolitische Consideratiounen oder och nach aneren Entwécklungen. Jee, wéi villschichteg d'Grënn och

ëmmer sinn, den Effekt ass op alle Fall dee selwechten: De Leit deet et am Portmonni wéi, besonnesch deenen, déi souwisou finanziell manner gutt gestallt sinn.

Als DP hu mer ëmmer gesot, dass eis Klima- a Sozialpolitik mussen Hand an Hand goen. Eng effikass Klimapolitik geet net ouni eng gerecht Sozialpolitik. Béid dierfen net géinteneen ausgespillt ginn.

Zu der Éierlechkeet vum Debat gëllt et awer och ze soen, dass d'CO<sub>2</sub>-Steier net den Haaptfacteur vun där massiver Präishausse ass. Dat liest een alt emol gären an de Foren an an de Kommentarboxe vun de soziale Medien. Dat ass awer net de Fall. An der Zesummesetzung vum Endpräis mécht d'CO<sub>2</sub>-Tax nämlech just ee klengen Deel aus.

Mir schwätze vu 5 bis 6 Cent fir de Liter Diesel oder Bensinn. Anescht ausgedréckt: Beim aktuelle Präis vun 1,5 Euro de Liter Bensinn entfale vun deene 75 Euro, déi ee fir eng ganz Tankfëllung vu 50 Liter bezilt, ganz genee 3 Euro op d'CO<sub>2</sub>-Tax, eng Zomm, déi jo nach duerch d'Erhéijung vum Steierkredit ëm 96 Euro kompenséiert gëtt.

A wann d'Tonn CO<sub>2</sub> elo den 1. Januar 2022 vun 20 op 25 Euro klëmmt, da mécht dat eng Differenz vun engem Cent pro Liter. Ech mengen, do läit wierklech net de Problem. De Problem läit och net prinzipiell dodranner, dass d'Verschmutzung duerch Bensinn a Gas - ënnert der Form vun CO<sub>2</sub> - e Präis kritt. Et ass de klassesche Prinzip vum Pollueur-payeur, deen hei spillt: Déi Leit, déi méi duerch hir Consumatioun verschmotzen, mussen méi bäidroen.

Hei mussen mir allerdéngs oppassen, dass mir jidderee kënne mathuelen a keen op der Streck bleift. Dowéinst och d'Decisioun vun dëser Regierung, d'CO<sub>2</sub>-Steier niddreg unzesetzen an eréischt no an no an d'Luucht ze setzen, während gläichzäiteng eng ganz Panoplie u Mesuren, u Subventiounen, un Investitiounen decidéiert ginn ass, fir de Leit bei dëser Transitioun finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen.

Als DP si mir iwwerzeegt, dass mir mat der Politik vun dëser Regierung um richtege Wee sinn, e Wee, deen net fundamental a Fro gestallt soll ginn duerch déi rezent Entwécklungen um Marché. Allerdéngs: Wann d'Präisser esou an d'Luucht ginn, wéi mer dat an der Lescht erlieft hunn, da stellt dat, wéi bei all Kris, grad déi Stéit mat niddregem Akommes viru Schwieregkeeten.

D'Regierung ass sech dëser Problematik ganz bewosst. An de leschte Jore si ganz vill Efforte gemaach ginn, fir deenen an eiser Gesellschaft ze hëllef, déi eeben net esou gutt do stinn. Dat geet iwwert déi sëllege Sachleeschungen, déi agefouert goufen - et wieren der ze vill, fir se hei all opzezielen - a wou de Premier jo a senger Ried zur Lag vun der Natioun der nach weider annoncéiert huet. Ech denken hei nëmmen un d'gratis lessen an de Schoukantinnen oder déi schonn agefouert gratis Schoulbicher. Dat ass eng substanzuell Entlaaschtung fir d'Stéit mat klenge Revenuen. Mee dat sinn och Geldleeschungen wéi d'Erhéijung vun der Allocation de vie chère ëm mindestens 200 Euro op den 1. Januar 2022, nodeems dës schonn op den 1. Januar vun dësem Joer ëm 10 % an d'Luucht gesat gouf, gradewéi de Crédit d'impôt, deem ëm 96 Euro erofgesat ginn ass, fir d'CO<sub>2</sub>-Steier sozial gerecht ofzefiederden.

Fir eis als DP - an ech soen dat ganz kloer - kann et net sinn, dass Leit dësse Wanter fréiere mussen, well d'Präisser um Marché esou verréckt spillen. Waasser an Energie gehéieren zu de Grondbedürfnisser an eiser Gesellschaft. Si dierfen net zu engem Luxus ginn, dee sech verschidde Leit net leeschte kënnen.

Zu Lëtzebuerg hu mer e Sozialnetz, dat enk genuch gestréckt ass, fir kee falenzeloossen. Ech denken an dësem Kader zum Beispill u Servicere wéi d'Assistance aux ménages en situation de précarité énergétique vun den Office-socialen, fir deene Leit ze hëllef, déi eebe riskéieren, an d'Prekaritéit ze rutschen.

An esou aussergewöhnleche Situatiounen wéi dës fanne mir et als DP awer sécher net verkéiert ze kucken, wéi gutt déi Mesuren, déi schonn en place sinn, gräifen; inwiefern zukünfteg Mesuren, déi jo schonn annoncéiert gi sinn, dozou bäidroen, de Risiko vun der Energieaarmut ze minimiséieren, oder ob net zousätzlech Efforte gemaach misste ginn, fir den Impakt vun dëser Präishausse op déi Schwächsten ofzefiederden.

Här President, à terme ass sécher déi beschte Pist, d'Ofhängegkeet vun de fossillen Energien ze reduzéieren an den energeeteschen Émbau vun eiser Gesellschaft virunzedriewen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Max Hahn** (DP).- Dat muss, wéi gesot, Hand an Hand mat enger gerechter Sozialpolitik goen. Dëst war vun Ufank un eise Wee an dee solle mer och an Zukunft weidergoen.

Ech soen Iech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci fir d'Nolauschteren. An ech géif nach eng Kéier dem Gilles Roth villmools Merci dofir soen, dës Heure d'actualité ugefrot ze hunn.





■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hahn. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci dem Gilles Roth fir dës Heure d'actualité. De Wanter steet virun der Dier an d'Energiepräisser klammen. Dat ass net immens. Dat ass wierklech net gutt. Dat belaauscht d'Haushalter an et trëfft déi Leit besonnen staark, déi elo schonn an der Prekaritéit liewen. Si kréien et am daitlechsten ze spieren, wa se tanke ginn, wa se de Mazouttank fëllen oder wa se hir Gasrechnung kréien.

Eng a mat Sécherheet déi wichtegst Ursach - et ass virdru scho gesot ginn - vun der Präisdeierecht ass déi wirtschaftlech Reprise no enger laanger Zäit, wou d'Nofro vun der Energie weinst der Pandemie méi niddreg war. Et kann een also hoffen, dass déi Präisdeierecht do net nach laang unhält. Op wat fir engem Niveau se sech wäert stabiliséieren, ass schwéier ze soen. Dat ass och net esou kloer. Et wär vläicht flott vum Energieminister ze wëssen, wat d'Aschätzung vun der Situatioun fir hien do ass.

Mir müssen awer domat rechnen, dass d'Präisser elo eng länger Zäit op héijem Niveau bleiwen. An dat wäert sech net nëmme bei den Energiepräisser bemierkbar maachen. Et ass ze erwaarden, dass d'Konsumgiddere generell einfach méi deier ginn. Dat selwecht gëllt fir Servicer, déi mat engem héijen Energieverbrauch verbonne sinn, wéi zum Beispill d'Liwwerservicer, fir nëmme een ze nennen.

Mir sollten net vergiessen, dass héich Energiepräisser net nëmme d'Haushalter, mee och d'Betriber treffen, déi oft keng aner Méiglechkeet hunn, wéi dat un de Client weiderzeginn. Wann d'Präisser iwwer méi eng laang Zäit héich bleiwen, da wäert d'Ekonomie insgesamt och dorënner leiden.

D'Politik muss doraus op d'mannst emol zwou Konsequenzen zéien: Engersäits muss kuerzfristeg Mesurë getraff ginn, fir deene Leit ze hëllefen, déi an de kommende Wochen a Méint riskéieren, finanziell a Schwierigkeeten ze gerode weinst eeben deenen héijen Energiepräisser. Anerersäits muss mer alles drusetzen, fir mëttelfristeg och manner ofhängeg ze ginn eebe vun deene fossillen Energien, op deenen hir Präisentwicklung mer jo och net deen allgréissten Impakt hunn.

Wat déi kuerzfristeg Hëllefen ugeet, sou huet de Premier schonn am État de la nation ugekënnegt, dass d'Allocation de vie chère ëm mindestens 200 Euro ugepasst wäert ginn. Als LSAP begrësse mer dat natierlech. Mir sinn awer donieft der Meenung, dass een och muss doriwwer nodenken - an dat ass en Appell, deen ech un d'Regierung maachen -, dass mer konkret kucken, wéi et mat deene Barèrë vun der Allocation de vie chère ass an ob een déi net muss unhiewen, fir dass och méi Leit mat klengere Revenue kënnen dovunner profitéieren. Well net nëmme déi Leit mat dem Mindestloun wäerten a Schwierigkeete geroden, mee och déi, déi liicht driwwer leien. An dofir sollt d'Regierung sech wierklech Gedanken maachen, wéi een dat kéint upassen.

D'Gemenge leeën zum Deel och nach eppes bei der Allocation de vie chère mat drop. Et wär och interessant hei ze wëssen, wéi vill Gemengen dat maachen. Am Noutfall hëlleft dann den Office social. An do gëtt et och eng gutt Initiativ - si ass virdru och schonn ugeschwat ginn - vun der Assistance aux ménages en précarité énergétique. Déi Initiativ do gëtt et scho méi laang. Eng Gemeng, déi ech gutt kannt hunn - d'Gemeng Suessem - huet deen dote System wéi alleguer déi aner Gemenge jo och scho méi laang a mir hunn elo eng extra Persoun domadder chargéiert, fir och grad an der Précarité énergétique eng Hand mat unzepaken.

Mierkt een dann elo schonn - och dat ass eng Fro un d'Familljeministeschen - op den Office-socialen, dass do scho méi Problemer weinst den Heiz- a Stroumkäschten sinn, dass do scho méi Problemer un d'Office-socialen erudedroe ginn? Gëtt déi Berodungsoffer vun där Assistance aux ménages en précarité énergétique och vill genotzt? Dat wäert Froen, déi ech un d'Familljeministeschen hätt.

Fir all Bierger gëtt de Kafkraaftverloscht am Fall vun enger genereller Präisdeierecht zu engem gudde Deel iwwert den Index ausgeglach, un deem d'LSAP ëmmer festgehalten huet. D'Erëmafiere vun der Indexéierung vum Kannergeld ass och e Schratt an déi richteg Richtung.

An ech wëll just soen: Mir hunn och ëmmer dru festgehalten, dass d'Energiepräisser an deem Indexkuerf do mat drableiwen. Ech weess net, ob dat alleguer d'Parteien hei ëmmer esou gemaach hunn. Op alle Fall stounge mir ëmmer dozou, dass d'Energiepräisser och am Index sollte mat drableiwen.

Mir müssen awer iwwert dës Momentopnam ewechkucken. Mëttelfristeg muss mer onbedéngt manner ofhängeg gi vun deene fossillen Energien a

virun allem d'Energie méi effizient notzen! Mir hunn dofir de gratis ëffentlechen Transport, d'energetesch Sanéierung vun Haiser, d'Ersetze vun de Mazoutheizungen, d'Notze vun der Geothermie - dat ass alles ganz, ganz wichteg. De Staat muss dës energetesch Transitionen esou ville Leit wéi méiglech zugänglech maachen. An duerfir müssen et och sozial Kompensatiounen ginn.

Ech sinn net der Meenung, dass een d'CO<sub>2</sub>-Steier elo net soll erhéijen. Mir müssen déi Differenz tëschent den Nopeschlänner natierlech méi kleng halen, well och an Däitschland an och a Frankräich an an der Belsch wäert d'CO<sub>2</sub>-Steier mat grousser Warscheinlechkeet kommen, soudass et lo net richteg wär, fir déi CO<sub>2</sub>-Steier hei net ze froen.

Et muss een och wëssen, dass déi Auswirkungen vun där Klimakris - a wa se wierklech voll aschléit - grad déi Leit am meeschten trëfft, déi am ärmste sinn. A wa mer elo net reagéieren hei, da wäerte mer déi Konsequenzen nach vill méi staark spieren. Iwwert d'CO<sub>2</sub>-Indexéierung sinn ech och net der Meenung, dass een dat sollt maachen, well et geet jo grad drëms, fir eng Verhalensännerung ze maachen. A mir hunn duerfir och de Crédit d'impôt agefouert, dee fir déi Leit, déi tëscht 40.000 an 80.000 Euro verdéngen am Joer - 80.000 Euro sinn awer ëmmerhi 6.666 Euro de Mount brutto -, spillt. Duerfir ass och d'Indexéierung vun der CO<sub>2</sub>-Steier fir eis dee falsche Wee.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engel. An da wier et um honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. François Benoy (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Härën, déi héich Präisser, déi mer elo hunn, si virun allem zréckzeféieren op déi wirtschaftlech Reprise, d'meteorologesche Konditiounen an och d'Verknappung vun de Produzenten. A mir mussen lo wierklech deene Leit hëllefen, déi Hëllef hei brauchen.

Dass eis déi Hausse awer lo esou staark trëfft weist och, awéifern an a wat fir engem Mooss mer ofhängeg si vun de fossillen Energien, déi mer jo integral importéieren. An do muss mer eraus. Mir müssen esou séier wéi méiglech eng Transition op erneierbar Energien hikréien. A grad dat ass wichteg fir d'Leit mat klengere Revenuen, déi déi héich Präisser elo am meeschte spieren.

Déi exzeptionell Situatioun, déi mer hunn, ass net hausgemaach, mee si ass op international Phenomeener zréckzeféieren - Spekulationen an esou weider. An et ass wichteg a richteg, dass den Energieminister op europäeschem Niveau Drock gemaach huet, fir dass de Stockage besser reglementéiert gëtt, fir dass de Konsument eebe grad déi Schwankunge manner spiert an deenen och manner ausgeliiwert ass. D'Fournisseure müssen och längerfristeg akafen an och plangen - net kuerzfristeg -, fir dass eebe beim Client e méiglechst stabilen Präis garantéiert ass.

Ech kommen da bei d'Energiearmut. Mir hunn, jee nodeem, wat fir eng Chifferen ee kuckt, tëscht 2 % an 10 % Energiearmut zu Lëtzebuerg. An et gëtt wierklech gekuckt, fir deene Leit beschtméiglech ze hëllefen, mat enger Berodung vu myenergy zum Beispill, d'Energiekäschten, déi vum Office social iwwerholl ginn. D'Clientë vum Office social kréien och net de Krunn zougedréit, dat ass gesetzlech festgehal. D'Allocation de vie chère gouf a gëtt erhéicht.

Wat awer wichteg ass, ass, dass mer déi Hëllefen do weider ausbauen. An dofir ass et och richteg a wichteg, dass d'Regierung elo kuckt, ob net weider cibléiert Mesuren néideg sinn, fir d'Haushalter mat méi klengem Akommes - déi hei am stärksten vun deenen Haussé beträff sinn - vläicht nach méi ze ënnerstëtzen. Mir hunn nämlech zu Lëtzebuerg budgetär Moyerne. Dat heescht, wann dat néideg ass, menge mir als Gréng, mussen mer déi Leit och nach méi ënnerstëtzen.

Hunn och d'Office-socialle genuch Leit? Hu se genuch Zäit, fir deene Leit, déi wierklech an Energiearmut sinn, ze hëllefen? Mee wa mer iwwer Energiearmut allgemeng schwätzen, mengen ech, dass ee virun allem awer muss iwwert de Phenomeen vun der Armut zu Lëtzebuerg schwätzen an dass mer dee Problem müssen u senger Wuerzel upaken.

D'Armut zu Lëtzebuerg hält nämlech zou. D'Schéier tëscht Aarm a Räich gëtt ëmmer méi grouss. An eise Steier- an och eise Sozialsystem kréien déi Entwécklung, déi net gutt ass, net opgefaangen. An dofir brauche mer eng méi gerecht Steierpolitik. Stéit mat méi klengere Revenue müssen allgemeng entlaascht ginn, fir dass se net esou schwéier getraff gi vun esou Situatiounen wéi där heiter an déi an Zukunft och besser selwer stemme kënnen.

Déi beschte Preventioun awer ass eng engagéiert Klimaschutzpolitik an eng séier Transition op d'erneierbar Energien, also méi Energieeffizienz, méi gréng Energien, dat dezentral produziéiert, well mer

da méi onofhängeg ginn. An déi klimafrëndlech Alternative gi jo och ausgebaut a ginn och bezuelbar ausgebaut mat dem Ausbau vum ëffentlechen Transport, der Reorganisatioun vum Busreseau grad am ländleche Raum, weekends an och owes, dem gratis ëffentlechen Transport, wou de Statec eis gerechent huet, dass grad déi Leit mat de mannste Revenuen am meeschten dovunner profitéieren. D'Primmen an der Elektromobilitéit goufen allegueren ugepasst, méi sozial gerecht gemaach an och méi ökologesch. An och d'Primme fir d'energetesch Sanéierung si substanzuell an d'Luucht gaangen.

Da mengen ech, muss een awer och nach eng Kéier ënnersträichen, dass de CO<sub>2</sub>-Präis, dee mer agefouert hunn, net ausschlaggeebend ass bei der aktueller Hausse, iwwert déi mer schwätzen. A grad och dee gestaffelte Steierkredit, dee mer ageféiert hunn, an d'Hausse vun der Allocation de vie chère föhren dozou, dass Leit mat de mannste Revenue souguer e Klimabonus hunn, dass si souguer Euroe bäikréien.

Op der COP elo grad eréischt gëtt gesot, wéi wichteg dat Instrument vun der CO<sub>2</sub>-Bepräissung ass als e fundamentaalt Instrument, fir Klimaschutz ze maachen. An dofir muss mer dat Instrument och weiterentwéckelen, mee gradesou gutt och mat enger Kompensatioun fir déi Leit, deenen et am mannste gutt geet. An do schwätzen ech dervun, wa mer dat Instrument weiterentwéckelen, dass mer gläichzäitig och an onsen Ae müssen iwwer eng Hausse vum Crédit d'impôt nodenken an doriwwer diskutéieren.

Wa mer awer driwwer schwätzen, wéi mer Lëtzebuerg méi onofhängeg maachen, mussen mer méi erneierbar Energien och zu Lëtzebuerg produzéieren. Mir hunn d'Produktioun vum grénge Stroum zu Lëtzebuerg verdräifacht, d'Wandenergie verfënnfacht. Den Trend beim Solarstroum geet och weider an d'Luucht. Hei mussen mer zu Lëtzebuerg eis Verantwortung weider iwwerhuelen. Do ass all Mënsch gefuerdert, d'Gemengen an de Staat. A mir kréien natierlech och net alles zu Lëtzebuerg gestëmmt. Mee dofir maache mer jo och Partnerschaften mat dem Ausland zesummen.

D'Präisser sinn héich. Se si wuel, géif ech soen, elo - dat soen déi meescht Analysten - op dem Niveau ukomm. Mee mir kënnen natierlech och net ausschléissen, dass mer an Zukunft op de Mäert Fluctuatiounen wäerten hunn, déi vrun allem natierlech erëm déi Leit, déi am mannsten hunn, wäerten am meeschten treffen. An dofir mussen mer elo an och an Zukunft deene Leit hëllefen, déi déi Hëllef brauchen. Et sinn nämlech déi, déi dat am meeschte spieren. An dofir brauche mer konkret Mesuren, fir dat ofzefiedere. An et ass och dat, wat mer maachen a wat mer awer och vläicht an Zukunft nach müssen ausbauen. An an deem Sënn, Här President, géif ech lech eng Motioun iwwerreechen.

#### Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- la hausse des prix des énergies fossiles au fil de l'année 2021, qui est liée à des facteurs conjoncturels, commerciaux, météorologiques, ainsi que géopolitiques et se répercute au niveau international touchant une très large partie du monde entier ;

- qu'en 2020, 2,7 % des ménages au Luxembourg étaient en situation de précarité énergétique ;

- qu'afin de réduire notre dépendance des énergies fossiles, nous devons accélérer davantage le développement de l'efficacité énergétique et des énergies renouvelables ;

saluant

- que le Gouvernement poursuit une politique très dynamique de développement des énergies renouvelables, réduisant ainsi progressivement la dépendance des énergies fossiles ;

- qu'au niveau européen, le Gouvernement plaide en faveur de la mise en place de mesures pour combattre la spéculation sur les marchés de l'énergie et une meilleure gestion des stocks de gaz disponibles ;

- que les mesures sociales ciblées, comme l'augmentation de l'allocation de vie chère d'au moins 200 euros par ménage au 1<sup>er</sup> janvier 2022, après que celle-ci a déjà été revue à la hausse de 10 % au 1<sup>er</sup> janvier 2021, permettent d'atténuer l'impact des hausses exceptionnelles de prix d'énergie sur les ménages à revenu faible ou moyen ;

- que les montants prévus par les régimes de subsides en faveur de la rénovation énergétique et de l'électromobilité ont été considérablement augmentés dans le cadre du plan de relance « Neistart Lëtzebuerg » ;

- que le programme « assistance aux ménages en précarité énergétique » permet aux ménages qui ne disposent pas de moyens suffisants pour payer leurs factures énergétiques de profiter d'un conseil énergétique personnalisé ainsi qu'une subvention pour le remplacement d'un ou de plusieurs appareils électroménagers énergivores ;

- l'introduction de la gratuité des transports publics en 2020, qui selon le Statec rapporte les plus grandes économies aux ménages les moins aisés ;

- que le régime de subsides pour la rénovation énergétique va être simplifié et prolongé, ceci afin que les travaux de rénovation puissent être déployés encore plus facilement,

invite le Gouvernement

- à poursuivre sa politique dynamique de sortie des énergies fossiles par la promotion de l'efficacité énergétique, la promotion des énergies renouvelables et la modernisation de nos réseaux électriques, véritable facteur de notre sécurité d'approvisionnement national et la réduction de notre dépendance envers les énergies fossiles ;

- à charger le Statec de poursuivre l'étude de l'évolution de la pauvreté énergétique au Luxembourg en collaboration avec le Ministère de l'Énergie et en concertation avec le Ministère de la Famille de fournir des bilans réguliers à ce sujet à la Chambre des Députés ;

- à surveiller de près l'évolution des prix des énergies fossiles ;

- à analyser dans ce contexte si des mesures ciblées supplémentaires sont nécessaires pour soulager les ménages à faible revenu qui sont les plus touchés par la hausse des prix d'énergie ;

- à œuvrer à ce que les ménages à faible revenu puissent profiter pleinement des primes énergétiques ;

- dans ce contexte, à effectuer une analyse sur la mise en place d'un système de paiement des primes pour les rénovations énergétiques en amont de la réalisation des travaux pour les ménages à faible revenu ;

- à évaluer le projet « assistance aux ménages en précarité énergétique » et, le cas échéant, améliorer ce dernier.

(s.) François Benoy, Georges Engel, Max Hahn, Josée Lorsché.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **M. François Benoy (déi gréng).**- Déi Motioun ass ënnerschriwwen vun de Gréngen, vun der sozialistescher Partei a vun der Demokratescher Partei, wou mer soen: Mir müssen eebe justement d'Situatioun vun der Energiearmut zu Lëtzebuerg am An halen, mat der Etüd vum Statec weidermaachen, dass d'Chamber och informéiert gëtt. An d'Regierung muss eebe kucken, ob mer weider cibléiert Mesurë brauchen, fir d'Haushalter mat klengem Akommes ze entlaaschten, déi eeben am stärkste beträff si vun der Hausse. Mir müssen och kucken, dass grad déi Leit mat am mannste Revenu vun den energeteschen Primme profitéiere kënnen.

A gläichzäitig brauche mer eng ambitiéis Klimaschutz- an och Energietransitiounspolitik, well grad déi Transition a Richtung Klimaneutralitéit ass déi beschte Preventioun an deem heite Beräich, awer och fir d'Gesellschaft méi resilient ze maachen, d'Ekonomie méi resilient ze maachen. Déi Instrumenter hu mer allegueren. Mir hu se am PNEC an déi mussen mer weiterentwéckelen an och séier duerchsetzen, fir a Richtung vun enger klimaneutraler Zukunft ze goen. Dozou gehéieren natierlech och steierlech Mesuren, dozou gehéieren d'Primmen. A mir müssen dat natierlech sozial offedereen.

Mir müssen eraus aus der Ofhängegkeet vum Pétrol a vum Gas. Domadder kréie mer méi Onofhängegkeet, och vun deene grouse Produzenten, wat zum Deel och ondemokratesch Staate sinn: Russland, Saudiarabien an och aner. A grad dat ass sozial, well domadder an Zukunft Leit mat dem mannste Revenu déi global Präisschwankunge vu fossillen Energien net méi esou ze spiere kréien.

Mir müssen de Problem vun der Armut awer doriwwer eraus och wierklech un der Wuerzel upaken, net de Klimaschutz an d'Sozialpolitik géinteneen ausspillen. D'Leit sinn net aarm, well hir Energierechnung ze deier ass, mee si sinn et zum Deel, well se vun der Aarbecht net méi liewe kënnen zu Lëtzebuerg. Si sinn et vläicht och, well d'Ongläichheeten ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- An net nëmme een an der Regierung!

■ **M. François Benoy (déi gréng).**- ... vum Akommes an och vun dem Patrimoine ëmmer méi grouss ginn zu Lëtzebuerg. An och dat mussen mer upaken.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Benoy. An als nächste Riedner steet den Här Fred Keup scho prett. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, et ass e grouse Moment: Mir sinn Europameeschter, d'Nummer 1 a ganz Europa - ...

(Interruption)

... d'Nummer 1 am Klamme vun de Präisser fir Energie! Jo, dat rasant Klammen, dat gesi mer och an





anere Länner an Europa. Dat ass richteg. Awer Lëtzebuerg brécht de Rekord an hei ass d'Präiserhéijung am héchsten. Bravo!

Den Här Roth huet d'Präisser scho genannt. Ech ka se hei nach eng Kéier soen: Super 95: virun engem Joer 1,04 Euro, elo 1,50 Euro, 46 Cent méi; Diesel: 0,92 Euro virun engem Joer, elo 1,39 Euro, 47 Cent méi; Mazout: 0,4 am November 2020, elo am November 2021 mat 42 Cent méi si mer op 0,82 Euro. Ee Stot, deen also, soe mer mol, net aus der Welt wunnt, mee zu Péiteng oder zu Habscht, deen zwee Autoen huet, wou d'Leit an d'Stad schaffe ginn: Wann déi mat engem normalen Auto fueren, dann huet dat am November 2020 op d'Joer gekuckt 3.328 Euro kascht. An et kascht elo am November 2021 4.800 Euro. Also sinn dat an engem Joer 1.500 Euro Méikäschte fir dës Famill. An da schwätze mer mol net vun deene Leit, déi am schéinen Éislek wunnen, zu Baastenduerf oder souguer zu Tratten. Do geet dat nach méi an d'Luucht.

#### (Exclamations et brouhaha)

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- A wéi ass et am Oste vum Land?

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Vergiesst net déi Leit, déi am ländleche Raum wunnen. Well si sinn et, déi hei besonnesch leiden!

Dat selwecht gesi mer beim Hëtzen. E Stot, deen 3.000 Liter Mazout verbraucht pro Joer, huet nach virun engem Joer 1.200 Euro bezuelt. Do si mer dann elo bei 2.460 Euro, also 1.260 Euro méi. Fir de Stot mécht dat also elo am Ganzen 2.760 Euro méi wéi virun engem Joer. A wa mer nach d'Stroumpräisser matarechnen, déi jo och an d'Luucht ginn, da si mer op iwwer 3.000 Euro Käschte méi fir esou eng Famill. An dat ass scho considerabel. Dat ass, fir net ze soen, enorm!

Wéi gesot: Lëtzebuerg ass Europameeschter. Mir hunn awer näischt gewonnen, mir hu verluer. D'Bierger hei am Land, d'Lëtzeburger sinn hei déi gréisste Verlëierer an Europa!

A jo, d'Weltmaartpräisser ginn an d'Luucht. An dat erkläert et och zum Deel, awer net dat Ganzt. Well de Präis vum Brent-Ueleg, vun engem Faass, war elo Ufank November 83 Dollar a mir waren awer scho viru Joren dätlecht driiwer: 145 Dollar. Et ass also net nëmmen dat, wat d'Saach erkläert. Den Diesel an de Besinn ginn ëmmer méi deier, de Gas an de Brennes och.

Mir warnen och scho säit Méint virun de Konsequenze vun der aktueller lëtzebuergescher Energiepolitik, déi derzou féiert, datt all Erhéijung vum Präis vum Weltmarché sech iwwerproportional am Verbraucherpräis néierschléit. Besonnesch an de kale Wanterméint, wou ganz vill Energie gebraucht gëtt fir ze hëtzen, riskéieren hei vill Lëtzeburger, op grouss Problemer ze stoussen.

Mir hunn eng ganz Partie Feelentscheidungen, och hei am Land, déi zu dëser schwiereger Situatioun gefouert hunn: déi héich Besteuerung vun de Brennstoffen, déi duerch d'Upassung vun der grénger CO<sub>2</sub>-Steier d'nächst Joer souguer nach weider klamme wäert, obwuel d'Präisser fir ze tanken och elo schonn zu gutt 50 % aus Steiere bestinn, dann déi ideologesch Fokusséierung op ëmwandelbaren Energien, déi opgrond vun hirer Volatilitéit eng duebel Versuerungsstruktur duerch de Backup mat Gas néideg maachen an domat d'Demande fir dësen zuverlässige fossille Brennstoff an extreem Héichten dreien. An, do ginn ech dem Här Benoy vu virun natierlech net Recht, wa mer op ëmwandelbar, op alternativ Energië ginn, da gëtt dat Ganzt nach méi deier! Mir gesinn et jo an Däitschland, wou déi héchste Stroumpräisser sinn a ganz Europa, wat doduerch kënn.

Dann hu mer eng Contributioun vun 3,6 Cent pro Kilowatt Stroom fir ëmwandelbar Energien - erëm dat selwecht! Mir hunn d'Sträichung vun der Nuklearenergie a vun Äerdgas aus der europäescher Taxonomie, fir déi eis Regierung sech ausdrécklech staarkgemaach huet. A mir hunn eng verfeelte Russland-Politik, déi ëmmer erëm zu seriöse Konflikter mat dem gréisste Gasliwwerant féiert.

Wat kënnen mer maachen? Wat musse mer maachen? Mir proposéieren op en Neits déi ersatzlos Ofschaffung vun der CO<sub>2</sub>-Steier, d'Applikatioun vum reduzierten TVA-Saz vun 3 % op Mazout fir ze hëtzen; eng vollëmpfänglech Indexéierung vun den Energiepräisser, eng Avance vu 25 % op d'Deierungszoulag, fir datt déi betrafte Leit sécher duerch de Wanter kommen, an d'Ëmsetzung endlech vun eise Verpflichtungen, fir Gas- a Pëtrolsreserven unzeleeën fir op d'mannst 90 Deeg.

Ech rufen lech hei derzou op fir matzemaachen. Individuell Mobilitéit muss fir d'Leit erschwénglech bleiwen! An d'Leit, déi um Land wunnen, dierfen net déi sinn, ...

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- SUV fir jiddereen!

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- ... dierfen net déi sinn, déi hei bestrooft ginn!

An deem Sënn hunn ech hei och zwou Motiounen. Mat där éischter Motioun, an ech weess jo, dass

Der net wëllt d'CO<sub>2</sub>-Steier ofschafen, mee mat där éischter Motioun proposéiere mer awer, dass mer déi geplangten Erhéijung, déi elo op den 1. Januar 2022 soll fälleg ginn, mol fir ee Joer aussetzen.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Well mer keng Klima-Urgence hunn, gellt!

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Jo, wann d'Leit doheem keng Sue méi hunn, dann ass d'Klima-Urgence net méi esou wichtig! An ech soen lech och eppes: Mir mat eisen ...

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- A wa se keen Daach méi iwwert dem Kapp hunn, ...

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- ... 50 Kilometer Breet ...

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- ... dann ass Klima-Urgence méi wéi jee!

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- ... an eisen 80 Kilometer Längt ...

#### (Coups de cloche de la présidence)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift, an engem ugemiesenen Toun gëtt heibanne geschwat!

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Jo. Majo, ech sinn ... Merci, Här President, dass Der dat sot. Mat eise 50 Kilometer Breet an eisen 80 Kilometer Längt ännere mir hei net vill un der Klimasituatioun op der Welt. An dat anert, dat ass: Wa mir de Bensinnspräis ...

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- O, „nach mir die Sint-flut“, Här Keup, natierlech!

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Dir wësst et jo!

#### (Brouhaha)

A wa mir de Bensinnspräis hei och erhéijen, dann tanken d'Leit dowéinst net manner; dann tanke se op enger anerer Plaz. Dat hëlleft iwwerhaupt näischt iergendengem Klima.

Sou, ech kommen awer, wann Der wëllt, op déi zweet Motioun. An do geet et ëm d'Deierungszoulag, d'Allocation de vie chère, wou mer virschloen, dass een do elo scho kéint eng Avance bezuelen an dann och kucken, fir déi eventuell no engem gewësene System ze erhéijen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

#### (Brouhaha)

Merci villmools, Här Keup. An da wär et un där honorabeler Madamm Myriam Cecchetti.

#### (Brouhaha)

■ **Une voix**.- Et ass gutt, wann een zu zwee do sëtz!

■ **Une autre voix**.- Selbstüberschätzung!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Keup, wollt Der déi Motiounen net och deposéieren?

#### (Brouhaha et hilarité)

■ **Une voix**.- Nee!

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Nee, nee, nee, dee Pleséier, dee maache mer lech elo net!

#### Motion 2

*D'Chamber vun den Deputéierten:*

*stellt fest, datt*

*- d'Allocation de vie chère (AVC) fir vill Stéit eng wichteg Hëllef ass, fir iwwert d'Ronnen ze kommen;*

*- d'Prozedur fir d'Deierungszoulag d'Liewenskäschte vum ofgelafene Kalennerjoer berechent an domat onerwaarte Käschtenentwécklungen net berécksiichtegt;*

*- déi aktuell Präisexplosioun a villen Domäner, mee besonnesch bei der Energie vill Leit onerwaart treëft an datt Leit, déi schonn an der Vergaangenheet op d'AVC-Deierungszoulag ugewise waren, besonnesch ze leiden hunn,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- fir Leit, déi an der Vergaangenheet d'Deierungszoulag accordéiert kritt hunn, direkt eng substanzuell Avance op d'AVC vun 2022 auszebezuelen, fir d'finanziell Noutsituatioun, déi déi aktuell Käschtenexplosioun mat sech bréngt, auszegläichen;*

*- d'Héicht vun der Deierungszoulag no uewen unzepassen an d'Präisentwécklung besonnesch och bei den Energiekäschten an der neier Zomm entspreichend ze berécksiichtegen.*

*(s.) Fred Keup.*

#### Motion 3

*D'Chamber vun den Deputéierten:*

*stellt fest, datt*

*- d'Käschte fir ze hëtzen a fir ze tanke säit dem 1. Januar 2021 staark geklomme sinn;*

*- d'Steiere bei dësem Präisustig eng weesentlech Roll spillen, och déi op den 1. Januar 2021 agefouert Zäregassteier;*

*- dës Steuerbelaaschtung besonnesch déi Leit, déi um Land wunnen, iwwerproportional belaauscht;*

*ass sech bewosst:*

*- datt eng Erhéijung vun der Zäregassteier op den 1. Januar 2022 geplangt ass, déi zu enger weiderer Erhéijung vun de Präisser fir ze tanken an ze hëtze wäert féieren,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- déi fir den 1. Januar 2022 geplangte Progressioun vun der Zäregassteier vun 20 op 25 Euro pro Tonn CO<sub>2</sub> fir den Zäitraum vun engem Joer ersatzlos aussetzen.*

*(s.) Fred Keup.*

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Keup.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Här President, d'Energiekäschte fir en duerchschnëttleche Stot louchen an de leschte Joren, laut dem Statec, relativ stabil bei ronn 4.000 Euro d'Joer, also 335 Euro de Mount. Dovunner fale ronn 1.700 Euro op d'Hëtze bei de Stéit, déi eng Gasheizung hunn, a knapp 2.500 Euro bei Stéit mat Mazoutsheizung. An deene Montante stiechen och d'Stroumkäschten dran respektiv déi leien zwëschent 25 % an 30 % - och d'Referenz vum Statec.

Dat ass also e Pak Geld, besonnesch natierlech fir déi Stéit, déi och Spritt tanken, fir op d'Aarbecht ze fueren oder d'Kanner an d'Crèche ze féieren. 4.000 Euro, dat sinn zwee Méint Mindestloun. E Stot, deen en duerchschnëttleche Loyer bezuele muss, bliedert dofir dann nach eemol sechs bis siwe Mindestléin d'Joer op den Dësch, oder 51 % vum Revenu, wéi d'europäesch Institut vun de Gewerkschaften deslescht ausgerechent huet.

Fir Stéit mat groussem Revenu ass dat vläicht keng esou substanzuell finanziell Charge. Fir Stéit mat Mindestloun oder allgemeng mat klengen an duerchschnëttleche Léin sinn dës Präisser awer eng Zoomuddung. Den Energieminister huet virgerechent, datt e Stot aleng fir 2021 mat enger Erhéijung vun der Gasrechnung ëm 375 Euro rechne misst - an dat ass wuel verstane just e Véierelsjoer! Domadder muss een also rechnen. Dobäi ass de Stroom net matagerechent. Fir Stéit, déi mat Mazout hëtzen, ass et schwéier ze soen, wéi sech dës Präisser auswirken. Bei engem Stot, dee lo oder deslescht säin Tank huet misse fëllen, wäert dës Rechnung awer wuel och nach vill méi héich ausfallen. Mir hu jo an de leschte Joren ëmmer erëm widerholl, dass, opgrond vun de Logementspräisser, vill Leit an e sozialen Noutstand geroden. D'Deierrecht vun den Energiepräisser ass elo nach eng déck Couche drop.

Mir wëllen an dëser kuerzer Zäit, déi mir hunn, och dowéinst net eng ausféierlech Analys vun de Grënn vun dëse Präisser maachen, net, well et net wichteg wier, mee einfach, well et drëms geet, hei de Leit elo direkt ze hëllefen, déi elo eng weider finanziell Suerg méi hunn, nodeems se der an de leschte Méint a Jore mat der Covidpandemie an der Explosioun vun de Logementspräisser sécher scho genuch haten.

Här President, mir gesinn als déi Lénk dräi Pisten, fir de Stéit direkt bei der Bewältigung vun dëser Energiekris ze hëllefen an hinnen den Drock ze huelen, falls et finanziell net méi erausgeet.

Éischtens proposéiere mir, dass Locataire net kënnen elo iwwert de Wanter aus hire Wunnengen expulsiéiert ginn. Et besteet jo de reelle Risiko, dass d'Proprietären opgrond vun de klammenden Energiepräisser d'Niewekäschten zolidd eropsetzen an dass d'Locataire net bezuele kënnen a mat enger Kënnegung konfrontéiert ginn. Mir sinn eis bewosst, dass de Choix, fir d'Expulsiounen ausetze bis an d'Fréijoer, net déi ideal Léisung ass, fir dëse Problem unzegoen. Mee si ass awer direkt ëmsetzbar a kéint zumindest verhënnere, dass Persounen am Wanter, während enger Energiekris, aus hire Wunneng missten eraus. Duerfir deposéiere mir heizou eng Motioun.

Wannechgelift, Här President.

#### Motion 4

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la situation particulièrement tendue sur le marché immobilier avec des hausses des prix de l'immobilier et des loyers très inquiétantes ;*

*- considérant l'augmentation accentuée des coûts énergétiques pour les ménages pour l'année 2021 ;*

*- considérant que la tendance haussière des prix de l'énergie se poursuivra très probablement dans les premiers mois de l'année 2022 ;*

*- considérant que selon les chiffres publiés par l'Observatoire de l'Habitat, 34,5 % des ménages locataires affichaient un taux d'effort supérieur à 40 % en 2019 ;*

*- considérant que le taux d'effort des ménages locataires a connu un taux de croissance de 17,5 % entre 2016 et 2019 ;*

*- considérant l'impact des coûts énergétiques sur les charges locatives des ménages locataires ;*

*- considérant que nombre de ménages locataires auront de plus en plus de difficultés à honorer les obligations contractuelles en matière de charges locatives vis-à-vis de leur propriétaire,*

*invite le Gouvernement*

*- à introduire une suspension des déguerpissements ordonnés en matière de bail à usage d'habitation jusqu'au 30 avril 2022.*

*(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.*

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Zweetens wëlle mir, dass d'Coupure vu Gas a Stroom onméiglech gemaach gëtt. Den Energieminister weist zwar drop hin, dass am Fall vun enger Coupure eng Procédure iwwert d'Office-socialen uleeft, mee de Problem dobäi ass awer, dass d'Office-socialen esou Prozeduren ënnerschiddlech handhaben. D'Recht op Sozialhëllef steet zwar am Gesetz, mee et ass un eng Rei Konditiounen gebonnen, déi d'Fro opwerfen, awëifern dat dann e Recht ass.

D'Caritas an och d'CSL weisen och op dës Problematik hin a stäipe sech dobäi op den ILR, deen a senger Berichter ausweist, dass Fournisseuren d'Stéit vu Gas a Stroom ofschneiden, wuel also an deene Fäll, wou en Office social, huele mir mol un, dann net aspréngt.

An dofir deposéiere mir eng zweet Motioun.

#### Motion 5

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que l'augmentation des coûts énergétiques pour les ménages est estimée à 28,6 % pour la seule année 2021 ;*

*- considérant que la tendance haussière des prix de l'énergie se poursuivra très probablement dans les premiers mois de l'année 2022 ;*

*- considérant qu'en 2019, 2,4 % des ménages au Luxembourg sont concernés par la précarité énergétique et que ce taux est en hausse depuis une dizaine d'années ;*

*- considérant que la précarité énergétique s'accompagne souvent de conséquences néfastes pour la santé et le bien-être des personnes concernées ;*

*- considérant qu'en 2020, 1.331 procédures de déconnexion ont été entamées par les fournisseurs de gaz naturel et 7.937 procédures de déconnexion ont été entamées par les fournisseurs d'électricité ;*

*- considérant qu'en 2020, 52 clients résidentiels ont été déconnectés de la fourniture de gaz naturel et 771 clients ont été déconnectés de la fourniture d'électricité ;*

*- considérant que les fournisseurs d'énergie ne renoncent à la déconnexion d'un client défaillant que si ce dernier remplit les conditions d'éligibilité pour le droit à l'aide sociale et est pris en charge par un office social ;*

*- considérant que les offices sociaux n'interviennent pas de manière égale suite à la déconnexion d'un client en défaut de paiement ;*

*- estimant que l'énergie est un produit de première nécessité,*

*invite le Gouvernement*

*- à interdire les déconnexions de la fourniture de gaz naturel et d'électricité aux consommateurs vulnérables.*

*(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.*

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Merci, Här President.

Drëttens menge mir, dass et zwar richteg ass, datt d'Regierung d'Allocation de vie chère eropsetzt, fir de Stéit ze hëllefen. D'Propos vun der Regierung huet awer eng Partie Schwaachstellen. Éischtens gräift se érischt ab 2022, wouduerch d'Erhéijunge vum Joer 2021 net ofgedeckt sinn, mat 375 Euro wuel verstanen. De Montant fir 2022 ass an eisen Aen och net héich genuch mat 200 Euro, wa schonn e Véierelsjoer 375 Euro ass, a misst no uewen ugepasst ginn.

Schliisslech ass awer och d'Eligibilitéit fir d'Allocation de vie chère e Problem, well do Stéit mat klenge Revenuen duerch de Raster falen, just, well se awer vläicht e bëssen, e klitzeklenkt bëssen ze vill verdéngen, fir d'Allocation de vie chère ze kréien.

Duerfir deposéiere mir eng drëtt Motioun.

#### Motion 6

*La Chambre des Députés,*

*- considérant l'augmentation sensible des coûts énergétiques pour les ménages pour l'année 2021 ;*





- considérant que la tendance ascendante des prix de l'énergie se poursuivra très probablement dans les premiers mois de l'année 2022 ;

- considérant l'impact des coûts énergétiques sur le budget des ménages moins aisés ;

- considérant que le Fonds National de Solidarité accorde chaque année une allocation de vie chère (AVC) aux personnes remplissant certaines conditions ;

- considérant que l'ensemble des revenus bruts d'une personne seule ne doit pas dépasser le salaire social minimum brut pour qu'elle soit éligible pour l'allocation de vie chère ;

- considérant que le délai pour l'introduction des demandes pour une allocation de vie chère pour l'année 2021 est dépassé depuis le 30 septembre ;

- considérant l'augmentation à hauteur de 200 Euro du montant de l'allocation de vie chère annoncée par le Gouvernement pour l'année 2022 ;

- considérant que cette augmentation de l'AVC restera bien inférieure aux hausses des prix énergétiques projetées pour l'année 2022,

invite le Gouvernement

- à accorder un supplément d'allocation de vie chère à tous les requérants qui y ont eu droit pour l'année 2021 ;

- à prévoir une augmentation supplémentaire de l'allocation de vie chère pour l'année 2022 ;

- à augmenter les limites de revenu fixées dans le règlement grand-ducal relatif à l'octroi d'une allocation de vie chère au titre de l'année 2022 afin d'élargir le groupe des communautés domestiques éligibles pour ladite allocation.

(s.) Cecchetti Nathalie, Nathalie Oberweis.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Vu dass dës dräi Proposen och am Zesummespill wierken, hu mir dës dräi Motiounen elo eraginn. Déi zwou éischt Proposen zilen drop of, all mënschleche Schued ze verhënneren, éier déi drëtt Mesure gräift, wuel wëssend, dass d'Determination vun de Mountanten an d'Ausbezuelen e puer Wochen oder Méint dauere géif.

Här President, ech hu lo déi kuerzfristeg Mesuren ëmrass, déi mir gären ëmgosat geséichen, fir de Leit méiglechst séier ze hëllefen. Mee fir mëttelbis laangfristeg den Impakt vu schwankenden Energiepräisser op d'Stéit ze verhënneren, muss den Energieverbrauch reduzéiert ginn.

Dat muss souwisou geschéien, wann d'Erreeche vun de Klimaziler nach realistesch soll bleiwen. D'sektorieellt Klimazil fir d'Gebaier läit bei minus 64 % bis 2030 par rapport zu 2019. Dat ass gewaltge! An et geet net aleng mat erneierbaren Energien an neien Technologien duer, mee et setzt och eng verallgemengert Renovatiounspolitik viraus.

Déi aktuell Konzeptioun vun dëser Politik ronderëm d'PRIME House an d'Klimabank geet an eisen Aen net duer. A mir mengen dat och net aleng. Si setzt och falsch Akzenter, verschäerft mat klammende Präisser d'Energiefal, an déi Stéit mat manner Revenu elo scho gefall sinn. D'PRIME-House-Hëllef fir ökologesch Investissementer an de Logement sinn net sozial gestaffelt.

D'CSL sot et an hirem Avis iwwert de PNEC ganz däitlech: Stéit, déi d'Hëllef net bräichten, kréie se, Stéit, déi d'Hëllef bräichten, kommen awer net an de Genoss dovun, well eng Renovatioun en zolidd Investissement ass, dat se net kënnen oder wëlle stemmen. D'Prëten am Kader vun der Klimabank, déi fir dës Stéit geduecht sinn, si quasi guer net genotzt ginn. Äntwerten op Froe vun eis ënnersträichen dat. Dobäi sinn hei grad déi Stéit beträff, déi oft a schlecht isoléierte Wunnenge liewen. D'energetesch Renovatioun vu Wunnenge kann déi Mesure sinn, déi Klimaschutz a Bekämpfung vun Aarmut am beschte matenee verbënnt. Dofir ass et esou wichteg, och fir d'Energiekrise vun der Zukunft sozial ze entschäerfen.

Mir hu selwer jo scho konkret Virschléi fir d'Renovatiounspolitik gemaach. Eng Motioun mat enger méiglecher Approche läit scho säit knapp dräi Joer an der Kommissioun! Mir widerhuelen awer hei nach eng Kéier eis zwee Haaptuleissen: Éischstens sollen d'Aide-sociale gestaffelt ginn an zweetens brauch et fir eng Beschleunegung vum Renovatiounsrhythmus Finanzéierungsmodeller a Begleedungsofferen, déi der Ausgangspositioun vun engem Stot Rechnung droen, woumat net just de Budget aleng gemengt ass, mee och d'Bereitschaft an d'Kompetenzen, fir zum Beispill e ganze Chantier ze koordinéieren an technesch Decisiounen ze treffen.

Dorëms geet et dann an eiser véierter Motioun, Här President.

**Motion 7**

La Chambre des Députés,

- vu le Plan National de l'Energie et du Climat (PNEC) qui prévoit une réduction des émissions de gaz à

effet de serre de 55% d'ici 2030 par rapport à 2005 et des gains en efficacité énergétique entre 40 et 44% d'ici 2030 par rapport au scénario de référence EU-Primes 2007 ;

- vu les objectifs climatiques sectoriels qui prévoient une réduction des émissions de gaz à effet de serre de 64% d'ici 2030 par rapport à 2019 pour le secteur des bâtiments résidentiels et tertiaires ;

- considérant que l'ambition de l'objectif climatique pour le secteur des bâtiments résidentiels et tertiaires demande la mise en œuvre immédiate d'une vaste campagne de rénovation de bâtiments ;

- considérant que les investissements nécessaires pour une rénovation énergétique d'un bâtiment résidentiel constituent une surcharge financière pour nombre de ménages moins aisés ;

- considérant que les démarches administratives, financières ainsi que les connaissance techniques requises pour le lancement et la coordination de travaux de rénovation d'un bâtiment peuvent constituer des obstacles considérables pour nombre de ménages visés par les dispositifs d'aides en place ;

- considérant que le système d'aides écologiques PRIMe House prévoit les mêmes montants pour tous les ménages indépendamment de leur situation financière de départ ;

- vu que le prêt climatique à taux zéro accordé aux ménages respectant certaines conditions socio-économiques n'a guère été utilisé depuis son introduction en 2017 ;

- considérant que les ménages moins aisés vivant souvent dans des logements moins efficaces du point de vue énergétique sont les plus durement touchés par les augmentations actuelles et futures des prix de l'énergie,

invite le Gouvernement

- à introduire un échelonnement des aides écologiques PRIMe House en fonction de critères liés aux revenus des ménages ;

- à développer davantage des modèles de financement et d'accompagnement de rénovations énergétiques de bâtiments résidentiels adaptés aux situations de départ et aux besoins des ménages.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

(*Interruption*)

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Dach, et kënt nach eng.

Här President, ech kommen nach emol kuerz op d'Grënn fir dës Energiekris ze schwätzen. Et ass gefuerdert ginn, fir d'CO<sub>2</sub>-Steier auszesetzen. Mir dinn eis domadder awer ganz schwéier. Mir waren a si keen Unhänger vun enger CO<sub>2</sub>-Steier. Si ass net gerecht a vun der Effikassitéit vun esou enger Tax si mir och net iwwerzeegt, scho guer net, wa se wirtschafts-, steier- a sozialpolitesch net encadréiert ass.

Oxfam huet dat d'lescht Woch nach eemol ënnerstrach: 70 % vum CO<sub>2</sub>-Budget fir d'1,5-Grad-Zil, deen eis nach bleift weltwäit, wäert bis 2030 vun engem Prozent vun deene räichste Mënschen op der Äerd verbraucht ginn. Deenen ass déi CO<sub>2</sub>-Steier zimmlech egal. Mir sollten awer elo net de Feeler maachen, ze soen, dass dat jo dann e weltwäite Problem ass, dee vun eis am klenge Lëtzebuerg net ze behiewen ass. Eng Partie vun deem enge Prozent lafen der nämlech zu Lëtzebuerg ronderëm. An och deenen ass déi CO<sub>2</sub>-Steier quitschegal, och wa mir se nach zéngmol eropsetzen.

Leit mat klenge Revenuen, mee och déi mat de mëttlere Paien, déi net am Geld schwammen a keng sozial Hëllefë kënnen kréien, spieren dës Taxen ab deem éischte Kilogramm CO<sub>2</sub>. Deenen ass se net egal. Deenen deet se wéi. Mee en Aussetzen elo vun dëser Steier géif weeder d'Präisdeierecht och nëmmen unnähernd kompenséieren, nach géif d'Aussetzen dozou bäidroen, zukünfteg Energiekrisen ze verhënneren. An ouni iergendeng aner politesch Weichestellung géif en Aussetze vun der Steier och näischt maache fir déi esou dréngend néideg energetesch Transitioun zu Lëtzebuerg. Wat mir awer fuerderen, wär eng Indexéierung vun dëser Tax. Mir hunn et bei der Aféierung vun der CO<sub>2</sub>-Steier gefuerdert, mir fuerderen et elo nach eng Kéier mat enger fënnefter Motioun.

**Motion 8**

La Chambre des Députés,

- vu l'introduction en 2021 d'une « taxe CO<sub>2</sub> » sur les produits énergétiques à hauteur de 20€ par tonne de CO<sub>2</sub> et dont le montant sera porté à 25€ en 2022 respectivement à 30€ en 2023 ;

- vu l'article 8 paragraphe (2) de la loi budgétaire du 19 décembre 2020 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2021 qui dispose que la « taxe CO<sub>2</sub> » perçue sur les produits énergétiques vient en déduction des prix de ces biens relevés par le STATEC pour rétablissement de l'indice des prix à la consommation publié sur la base 100 au 1<sup>er</sup> janvier 1948 ;

- vu que cette déduction signifie la neutralisation, au niveau de l'échelle mobile des salaires, de l'impact de la hausse des accises sous forme de taxe CO<sub>2</sub> ;

- considérant que cette neutralisation augmente l'écart entre l'indice des prix et de l'indice neutralisé ;

- considérant que l'échelle mobile des salaires est un instrument préservant le pouvoir d'achat des salarié.e.s et des retraité.e.s,

invite le Gouvernement

- à faire les modifications législatives nécessaires afin d'inclure la hausse des prix des produits énergétiques due à l'introduction de la taxe CO<sub>2</sub> dans le mécanisme de l'échelle mobile des salaires.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Här President, dës Kris ass deelweis op eng Penurie, op geopolitesch Entwécklungen an awer och op Spekulationen am europäeschen Emissiounshandel zrëckzeféieren. Fir dogéint an Zukunft unzekommen, musse mir eis mat erneierbaren Energien an energeteschen Aspuerunge méi onofhängeg maache vun Importer vu Gas a Mazout. A wann een A seet, muss een och B soen. Fir dass dat geléngt, brauche mir méi ëffentlech Investissementer an demokratiesch Kontroll an dëse Kärberäicher fir de Fonctionnement a laangfristeg och fir d'Iwwerliewe vun eiser Gesellschaft op dësem Planéit.

Merci fir d'Nolauschtenen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Cecchetti. An dee leschte Riedner steet scho prett, an dat ass den honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Also ech mengen, wa mer iwwert de Präisustig schwätzen, därëf een awer och net vergiesen, dass mer an enger Klimakris sinn. An ech mengen, all d'Parteien - oder bal all d'Parteien - heibanne sinn op d'COP26 gaangen, geflunn, gefuer, geruddert, wat och ëmmer, fir do Versprieche ze maachen, fir ënner den 1,5 Grad ze bleiwen.

Jo, da muss dat och gewësse Wierkungen hunn. Ech weess, dass et och net populär ass, wann een déi Präisser eropsetzt. Mee et muss een awer och realistesch bleiwen a soen, wat déi fossill Brennstoffer fir Auswierkungen hunn. An et ass eeben ... Jo, doduerjer kritt een net vill gutt Kommentarer, wéi virdrun hei ugeklongen ass, op Social Media, mee éischter de Contraire. Mee et muss een awer dozou stoen, wéi eng Linn een huet. An dat ass eeben dat, wat mir Piraten maachen: Mir stinn dozou, dass déi Klimakris muss bekämpft ginn.

A wann déi Klimakris iwwert Taxen um fossille Brennstoff oder anere klimaschiedleche Produkter muss bekämpft ginn, da musse mer dee Wee och alauden. Just, wou mer net d'accord si mat der Regierung, ass, wéi se et maachen, well dat ass fir eis ..., a mir Piraten sti fir e faire Wee, während mer der Meinung sinn, dass déi CO<sub>2</sub>-Taxe, wéi se am Moment ugewannt ginn, en onfaire Wee sinn, deen d'Regierung gewielt huet.

Ech kann lech dat kuerz erklären. Huele mer zum Beispill de Kerosinn: Um Kerosinn hutt Der déi Taxen net ugewannt, dat heescht, wie mat der Famill mam Auto an d'Vakanz fiert, dee bezilt eng CO<sub>2</sub>-Steier; wie mam Privatjet flitt, net. Dat fanne mir Piraten net fair. Sou.

Wie mam Privatjet flitt ... Elo kéinte mer jo soen, wéi vill Privatjetten hei fléien, hei zu Lëtzebuerg, Här Benoy. Also laut mengen Informatiounen ass de Findel mat eng vun deene gréissten Dréischeiwe fir Privatjetten hei an Europa. An dat ass och eng gréng Politik. Sou. Dovun ofgesinn, mir kënnen och nach eng Kéier iwwer aner Saache schwätzen.

(*Brouhaha*)

Mam Kerosinn: Also ech hätt mer jo elo net erwaart, dass déi gréng hei verteidegen, dass de Kerosinn bëlleg ass. Dat hätt ech mer zwar elo net erwaart!

(*Interruption*)

Ech hat elo gemengt, vun där anerer Säit géif eppes kommen. Mee dass déi gréng elo hei de Kerosinn op eemol verteidegen, mat Privatjetten, hätt ech mer net erwaart!

Mir Piraten stinn och ganz kloer fir eng Autosvignette. Dat heescht, mir sollen higoen a ganz kloer um CO<sub>2</sub>-Verbrauch ..., higoen an d'Autoen taxéieren, an zwar all Auto, deen hei fiert, net nëmmen déi, déi zu Lëtzebuerg ugemellt sinn, mee all Auto, deen hei am Land ënnerwee ass. Well all Auto verbraucht CO<sub>2</sub>. All Auto mécht Ëmweltschued hei am Land. An duerfir fanne mir et falsch, dass net all Auto gläich den CO<sub>2</sub>-Wäert herno muss bezuelen. An iwwert déi Autosvignette kéint ee ganz kloer steieren, wann déi ganz déck Autoen ... Well ech fannen et onlogesch, dass grouss SUVe mat 8, 10, 12 Zylinder hei am Stau stinn. Déi kéint ee ganz genau taxéieren, mat esou enger Autosvignette, fir géint déi Klimakris virzegoen.

Fir déi kleng Stéit ze entlaaschten, hu mer eng Klimadividend. Dat heescht: Jidderee kritt iwwer eng Negativsteier fënnëf Tonnen CO<sub>2</sub> guttgeschriwwen am Joer. A wat doriwwer erausgeet, dat heescht, wien eeben iwwerdreift mat dem Verbrauch an der Ëmwelt schuet, dee muss deementspriechend iwwert d'CO<sub>2</sub>-Tax an iwwert d'Autossteiere méi héich Taxe bezuelen. Mee fënnëf Tonne geet duer fir eng Famill, déi ganz gutt kann domadder liewen, fir hir Energiekäschten ze decken.

Well et ass och anescht, wéi déi gréng hei virdrun ugedeit hunn, dass d'Energieaarmut hei am Land guer net esou grouss wär: Et sinn iwwer 8.000 Dosieren - ech hat elo viru Kuerzem eng Question parlementaire -, iwwer 8.000 Dosieren, déi un den Office social gaange sinn. An do sinn der dann awer nach ronn 875 pro Joer, zwëschent 2016 an 2020, wou et zum Beispill am Stroumsecteur zu Ofschaltunge komm ass. Dat heescht, et ass net wéi wann dat e Phenomeen wär, wat et hei am Land net géif ginn. Nee! Et gëtt nach Ofschaltunge vu Gas a vu Stroum. Et sinn nach Leit, déi dee Problem hunn an déi sech dat net kënnen leeschten. An dat ass e ganz grave Problem hei am Land.

(*Interruption*)

Déi Chifferen, vu wou? Vun Ärem Minister. Also ech gleewen Ärem Minister awer, wann dee mir déi Chifferen hei geäntwert huet. Et ass eng ganz rezent Question parlementaire, also ech huele jo awer un, dass déi dann do waasserdicht sinn. Deementspriechend froe mir déi Klimadividend fir fënnëf Tonnen CO<sub>2</sub> d'Joer, soudass mer déi schwaach Stéit op deem Punkt kënnen entlaaschten.

Well Energieaarmut, jo, déi Präisser, déi elo an d'Luucht gaange sinn, an, jo, si sinn zu Lëtzebuerg ... Et kann een iwwert d'international Situatioun kloer diskutéieren, d'Boursen, dat hu mer och gesinn, d'Präisser sinn eropgaangen, mee Lëtzebuerg ass awer och do, wou et, am europäesche Vergläich, am héchsten an am schnellsten eropgaangen ass, wou mer jo awer wëssen, dass d'Leit hei am Land schonn ze kämpfen hu mam Logement, mat anere finanzielle Problemer an herno nach d'Energieaarmut derbäikënn. Well et mécht et net onbedéngt méi einfach.

Wa mer dann nach d'Leit huelen alleguerten, déi an enger Coronasituatioun waren an do elo scho vill Geld hänke gelooss hunn an elo nach an der Energieaarmut sinn, virun allem eis Betriber, da muss een eng Kéier driwwer nodenken, ob een déi ganz Energie net méi korrekt verdeelt. An duerfir si mir eeben der Meinung, dass ee bei deene Grousse muss upaken.

Huele mer déi Tankkaarten, wéi mer dat och schonn eng Kéier ugedeit haten. Et gëtt jo déi Tankkaarten, wou Der, wann Der vill konsuméiert, oder iwwer Firmen, dann och nach de Bensinn méi bëlleg kritt. Dat muss ee sech emol virstellen: De Familjepapp oder d'Familljemamm, déi tanke geet, déi bezilt op der Pompel dee volle Präis. De Betrib, deen awer e puer déck Autoe lafen huet, dee kritt och nach eng Remise dorobber! Dat ass fir eis keng fair Klimapolitik. Mir Piraten soe ganz kloer: Dee Präis op der Pompel muss fir jidderee gläich sinn. Well soss huet och déi CO<sub>2</sub>-Steier, déi Der aféiert, keng Wierkung, nee, au contraire: Si treëft just déi Leit, déi eeben nëmmen een Auto hunn, déi net iergendeng Flott hunn, déi se kënnen umellen, wou se net iergend en Discount op der Pompel herno kréien. An da sinn erëm déi bestrooft, déi warscheinlech keng aner Méiglechkeet hunn.

Well et därëf ee jo och am Moment net vergiessen: Mir hunn e Problem bei den aktuelle Liwwerzäite vun den Autoen. Dat heescht, souguer Leit, déi elo soe: „Hei, d'CO<sub>2</sub>-Steier kënn, alles gëtt méi deier, mir wëllen op Elektro ëmklammen“, déi kënnen et net, well am Moment kënnen déi meescht Elektroautoe mol net méi mat Zäite geliiwert ginn. Dat ass deen anere Problem. Och wa mir Piraten ganz kloer soen: „Jo, Elektromobilitéit. Jo, kommt, mir ginn op dee Wee!“, musse mer awer och emol kucken, dass d'Leit déi Autoe kënnen kréien, well soss bleiwe se op de Käschte sëtzen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Goergen.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Energieminister Claude Turmes.

**Prises de position du Gouvernement**

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.**- Gudde Mëtteg. Ech mengen, mir sinn eis eens: Mir hu weltwäit eng aussergewéinlech Situatioun. Ech gi lo net an d'Detailer an, firwat déi esou ass, mir hunn awer doduerch virleefeg ganz héich Präisser bei der Energie, awer och bei anere Materialien.

De Georges Engel hat gefrot, ob et beim Gas virun allem vläicht eng Evoluitioun géif ginn. Et ass effektiv esou, dass d'Gaspräisser déi lescht Deeg e bëssen zrëckgaange sinn, mee si bleiwen natierlech nach ëmmer op engem héijen Niveau.





Mir brauchen elo, mengen ech, dräi Saachen. Dat Eent ass: Mir brauchen direkt Solidaritéit. Ech mengen, dass mer als Regierung do, oder hei zu Lëtzebuerg, dräi Aktiounen ënnerwee hunn. Dat Eent ass den Index um 1. Oktober, deen huet zu engem gewëssenen Ausgläich vun der Kafkraaft gefouert. D'Familljeministesch huet d'Allocation de vie chère ëm 10 % eropgesat an dat gräift elo schonn op den 1. Januar 2022.

Da war nach ugeschwat ginn: Dat, wat och eigentlech hei am Land gutt funktionéiert, ass, dass keen aus Geldgrënn de Gas oder de Stroum ofgespaart kritt. Ech hunn d'lescht Woch nach eng Kéier am Detail mat alle Gasliwweranten a Stroumliwwerante geschwat a mir hu séchergestallt, dass dat dëse Wanter och wäert gutt weiderfunktionéieren.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.**- Dat Zweet ass, dass mer och eng Rei Moossnamen huelen um europäeschen Niveau. An ech si frou, dass déi zwou Iddien, déi ech eigentlech scho virun engem Mount der Europäescher Kommissioun virgeschloen hat, och elo hire Wee maachen.

Dat Éischt ass, dass mer um europäeschen Niveau d'Gasspäichere méi streng wäerte reguléieren, datt se net nëmmen hëllefen, d'Versuergungssécherheet ze garantéieren, mee och e gewësse Puffer sinn, wann d'Gaspräisser mol eng Kéier méi héich ginn. An dat Zweet ass, dass mer eeben och dofir suergen, datt jiddwereen, dee Gas verkeeft an Europa, och muss eng laangfristeg Politik hunn an net nëmmen eng kuerzfristeg. An den 2. Dezember wäerten déi 27 Energieministeren zu Bréissel zesummesëtzen. An ech sinn optimistesesch, dass mer dann déi zwou Mesuren och do weiderbréngen.

Mëttel- a laangfristeg ass et natierlech wichteg, dass mer d'Ofhängegkeet vun de fossillen Energië reduzéieren. Duerfir si mer an der Regierung amgaangen, all déi Moossnamen, fir manner ofhängeg ze si vu fossillen Energien, déi eis jo och an engems Hëllef beim Klimaschutz, nach manner bürokratesch ze maachen, dat heescht, méi einfach ze maachen an eeben och méi schnell ze maachen.

Bei den erneierbaren Energië wäerte mer duerfir eeben an deenen Autorisatiounsprozesser kucken, dass dat méi schnell geet. Bei den Haiser ass et jo esou, dass hei zu Lëtzebuerg - an ech mengen, dat ass och eng Moossmam, wou mer wirklech Europameeschter sinn - eis Haiser vum 1. Januar 2023 u fossillfräi sinn. Dat heescht, dass do de Problem schonn en amont quasi ugaange gëtt. A bei der Renovéierung si mer amgaang, eigentlech dräi Saachen elo ze maachen an Zesummenaarbecht mam Ministère du Logement, mam Ëmweltministère a mat mengem Ministère: Dat Éischt ass, fir d'Prime manner bürokratesch ze maachen, dat Zweet ass, eng gewësse Virfinanzéierung méiglech ze maachen iwwer e Bong an dat Drëtt ass, eng sozial Staffelung och ze kréien, fir dass déi Leit, déi manner Revenuen hunn, méi Primme kréien. Och do si mer elo um Wee, fir do eng Léisung ze fannen.

Bei der Mobilitéit ass et jo esou, dass mer dat Land sinn an Europa, wat am meeschten an den ëffentlechen Transport investéiert. Mir sinn och dat eenzegt Land, wat flächendeckend gratis ëffentlechen Transport zur Verfügung stellt. A bei der Elektromobilitéit hu mer héich Primmen. A mir sinn och amgaang, bei de Borne gutt weiderzekommen. Mir wäerten an deenen nächsten Deeg weiderkommen, fir dass mer net nëmme Subsidien hu fir Privatboren an am ëffentleche Raum, mee och, fir dass privat Entreprises, ob dat Supermarchéë sinn, Tankstellen oder och aner Betriber, och kënne Subside kréien, wa se Borne opriichten.

Dat heescht: Mir hunn eng ganz Panoplie vu Moossmame schonn ergraff. An e wichtige Message ass awer: Solidaritéit an dësem Moment an d'Klimakris, déi ginn Hand an Hand.

Da wëll ech nach op zwou Saachen agoen. Dat Eent ass, firwat Lëtzebuerg do bei Eurostat op der éischerter Plaz war. Dat erkläert sech ganz einfach: Wann een dat Land ass an Europa, wat déi nidregst Steieren huet um Diesel an am Bensinn, dann ass et evident, wann d'Weltmarktpräisser steigen, dass een dat Land ass, wat, relativ gesinn, déi gréisste Steigerung huet. Also eigentlech seet Eurostat näischt aneres wéi: Lëtzebuerg huet déi nidregst Steieren am Diesel an Europa an duerfir ass d'Steigerung eeben zu Lëtzebuerg esou héich. Et ass eigentlech näischt aneres, wat Eurostat seet.

D'CO<sub>2</sub>-Steier ass, sou wéi mir se hei zu Lëtzebuerg op de Wee bruecht hunn, e Bäitrag fir de Klimaschutz an och zur sozialer Ëmverdeelung. An déi Sue vun der Klimasteier, déi do erakommen, déi ginn hei zu Lëtzebuerg ausginn. Déi ginn net an d'Täsche vun iergendwelleche Konzernern. Déi ginn hei zu Lëtzebuerg ausgedeelt, fir sozial Kompensatioun ze maachen, an awer och, fir all de Lëtzebuerger weiderzehëllefen, fir dass se net méi an der fossiller Fal sinn. A vun dohier ass et nëmme richtig, dass mer weiderfuere mat der CO<sub>2</sub>-Steier.

Ech soen lech villmools Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Turmes. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt d'Madamm Familljeministesch Corinne Cahen. Madamm Cahen, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Jo. Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et kann natierlech net sinn, dass d'Energiepräisser virun allem déi treffen, déi am äermsten dru sinn, soen ech emol. An dofir muss mer dat kompenséieren, op jidde Fall. Mir däerfen do kee fale loossen! An de Mëtten ass jo scho ganz vill doriwwer geschwat ginn.

Ech géif och domadder ufänken, mat der Allocation de vie chère. Well dat, wat de Mëtten elo net gesot ginn ass, dat ass, dass mer d'lescht Joer d'Allocation de vie chère fir 2020 verduebelt haten. Dunn hu mer se nohalteg 2021 ëm 10 % an d'Luucht gesat. Dat heescht, dat ass och iwwer 2021 eraus. A mir hunn elo decidéiert, nach eemol mindestens 200 Euro bäizeleeën. Dat heescht, dass vum 1. Januar un déi Allocation de vie chère nach eng Kéier iwwer 10 % gehéicht gëtt. Dat ass awer scho ganz vill. Dat kompenséiert och sécherlech scho munches. Mee wann een natierlech d'Logementspräisser hei am Land kuckt, da kompenséiert et sécher net alles.

E wichtigen Acteur an der Lutte géint d'Energiearmut sinn déi 30 Office-socialen uechtert d'Land. Och déi sinn de Mëtte schonn ugeschwat ginn. Residenten, déi Schwierigkeiten hunn, hir Gas-, Mazouts- oder Stroumrechnung ze bezuelen, déi kënne sech un den Office social vun hirer Gemeng adresséieren. Si kréien dann do och individuell Hëllef.

An et ass gefrot gi fir dëst Joer, wéi vill Leit dat bis elo scho gemaach hunn. D'Joer ass nach net eriwuer. Ech ginn lech emol déi Chifferen, déi ech matbruecht hunn, déi bis elo kontabiliséiert gi sinn: Et si 65.464 Euro u Secours an Avancé fir Hëtzes, dat heescht Gas a Mazout, bezuelt ginn an 271.430 Euro u Secours an Avancé fir Stroum. Wéi gesot, d'Joer ass nach net eriwuer. Et sinn net déi definitiv Zuelen. An et muss een natierlech och wëssen: Wann een zum Beispill e Mazoutstank huet an dee vläicht elo eng Kéier muss fëllen, dann ass dat eeben elo, wou een da gesäit, wéi deier d'Rechnung gëtt. An do si ganz sécherlech Leit, déi nach net bei den Office social kommen sinn. Do si ganz sécherlech Leit, déi sech bis elo nach net gemellt hunn. Mee et kéint awer sinn, dass déi Demanden dann awer nach am Laf vun deenen nächste Méint, virun allem elo iwwert de Wanter, wäerten erakommen.

D'Allocation de vie chère hunn ech gesot, dass mer déi elo nach eng Kéier ëm mindestens 200 Euro pro Menage wäerten erhéien ab dem 1. Januar. An ech mengen, d'Allocation de vie chère ass e gutt Instrument, wat direkt bei deene Leit ukënn, déi et och wirklech brauchen. Dat heescht, mir schaffen hei net mat der Géisskan, mee mir hëllefe wirklech deene Leit ganz konkreet, déi wirklech net vill verdéngen, déi net vill Suen hunn. Dass mer déi Allocation de vie chère do nach eng Kéier konnten eropsetzen, doriwwer sinn ech immens frou, dass mer et konnte maachen. Wéi gesot: 2020 verduebelt, 2021 nohalteg ëm 10 % erhéicht an elo nach eng Kéier ëm 200 Euro mindestens.

Et war och de Mëtte geschwat gi vun deem Projet, deen ech deemools mam Camille Gira zesumme gemaach hunn: den Assistance aux ménages en situation de précarité énergétique. An ech géif awer och gäre profitéieren, fir ee Wuert dozou ze soen. Well dee Projet, deen huet kee ganz grouse Succès gehat. A mam Claude Turmes zesummen hu mer gesot, mir géifen ons dat elo mol eng Kéier ukucken, firwat dat esou ass, ob dat ze komplizéiert ass, ob net genuch Leit kënnen an de Genoss kommen.

(*Brouhaha*)

(*Coups de cloche de la présidence*)

Et ass jo drëms gaangen ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Hei, wannechgelift, e bësse méi roueg. Merci.

■ **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Et ass drëms gaangen, dass Leit eng Energieberodung kënne kréien, fir wa se mol eng Kéier e Problem hu mat enger Energierechnung, dass dat keen nohaltege Problem ass, mee dass ee vläicht de Risiko, nach eng Kéier an déi Situatioun ze kommen, eebe verréngere kann. Déi kruten eeben eng Berodung, zum Beispill, zum Thema Energie. Si kruten och e Kit mat verschiddene Produiten, déi hëllefen, Energie ze spueren, zum Beispill LED-Bieren, schaltbar Steckleeschten an esou weider. Da krute se och e Subsid, wa se hiren Apparat - Frigo, Tiefkühler, Spullmaschinn oder Wäschmaschinn -, dee ganz vill Energie gebraucht huet, eebe gewiesselt hu géint en Apparat, dee manner Energie verbraucht. Dat krute se och an där Berodung do. Do konnt ee bis maximal 750 Euro TTC pro Apparat eebe bäigeluucht kréien.

Ech wëll lech awer hei och net virenthalen, wéi vill Leit dovunner an de Genoss kommen sinn: Et gouf 71 Berodungen am Ganzen, an 49 Fäll goufen Aidé fir

Haushaltsapparater ugefrot. Dat heescht, dat ass effektiv net ganz vill, wann ee kuckt, dass mer awer och vill dragestach hunn: Mir hunn dem Personal an den Office-socialen Coursen ugebueden, mir hu Reklamm gemaach. Mee dat war eeben eng Aide, déi esou vläicht net weider gebraucht ginn ass oder gefrot ginn ass.

A mir wäerten do zesummen, wéi gesot, mam Energieminister kucken, fir déi Aiden do ze verbessern, fir dass d'Leit dann och kënnen an de Genoss kommen. Well et geet jo net nëmmen drëms, d'Energiearmut vun haut ze bekämpfen, mee och ze kucken, dass muer keng Energiearmut opkënn oder dass se net méi opkënn, an dass mer de Leit hëllefen, och à moyen et à long terme, Energie ze spueren, sief dat, well d'Haus besser isoléiert gëtt, sief dat, well d'Heizung moderniséiert gëtt, oder sief et, well d'Haushaltsapparater einfach manner verbrauchen an doduerch dann och à moyen terme d'Stroumrechnunge wäerten erofgoen.

Voilà, dat heescht, dat ass eppes, wat mer elo wäerten ugoen. A wéi gesot: D'Allocation de vie chère gëtt elo nach eng Kéier erhéicht. An ech mengen, dass dat och dee richteg Wee ass, well dat genau déi Leit wäert treffen, déi et och wirklech brauchen!

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

*Motions*

Mir kënnen dëse Punkt net ofschléissen, ouni iwwert déi vill Motiounen ze befannen.

*Motion 1*

Fir d'Éischt d'Motioun Nummer 1: Wëllt nach een dozou d'Wuert ergräifen? Dat ass déi Motioun, déi vum Här François Benoy deposéiert ginn ass. Den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Dat ass déi vun deenen dräi Majoritéitsparteien. Mir hunn déi gelies. Déi ass natierlech elogieuse fir d'Regierung, fir all déi Efforten, déi se mécht fir déi renouvelabel Energien.

Mir kënnen déi awer als CSV net matstëmmen. Ech soen lech och, firwat: net, well se superfetatoire wier. Mee hei steet zum Beispill dran, dass déi 200 Euro vun der Allocation de vie chère, wou d'Madamm Familljeministesch drop agaangen ass, géifen duergoen, fir „d'atténuer l'impact des hausses exceptionnelles des prix“. Ech mengen déi Zuelen, déi ech selwer genannt hunn - déi si jo och ënert enger anerer Form vum Här Keup genannt ginn -, gi ganz sécher net duer, fir deem Accroissement vun deene Präisser entgéintzewirken. Also, eng Kéier tanke goe mat engem Auto vu 50 Liter, dat si 25 Euro. Dat heescht: Mat deenen 200 Euro Allocation de vie chère - well contrairement, wéi dat jo heiandsou gemengt gëtt, gëtt déi jo net all Mount ausbezuel - gëtt dat aachtmol tanken an engem Joer. Also, déi fueren net ganz vill!

Da si mir och der Meenung, dass dat hei net nëmmen déi Ménages à faible revenu betrëfft. Et ass esou, an ech hu virdrun d'Rechnung gemaach mat engem Akommes vu 5.000 Euro pro Mount, dass den Index do 64 Euro ausmécht. Dat geet largeement net duer, fir alleguerten déi Präisdeierechten hei auszegläichen. Aus deem Grond, Här President, wäerte mir déi heite Motioun net stëmmen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Roth. Dann huet den Här Goergen d'Wuert gefrot.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Also, mir wäerten déi matdroen. Déi 200 Euro ginn eis natierlech net duer, mee dat ass besser wéi näischt.

E bëssem interessant ass awer och, wann Der iwwert d'fossill Energië schreift, Dir hätt do eng „politique dynamique“, fir aus dem Tanktourismus erauszekommen. Ech froe mech, wat déi dynamesch Politik da soll sinn. Ass dat déi nei Tankstell zu Steebrécken, wou nach méi Leit sollen tanke kommen? Oder wat hutt Der domadder gemengt?

Ech mengen, d'Regierung muss sech awer emol eng Kéier eens sinn, ob Der dann elo wirklech aus dem Tanktourismus wëllt eraus oder ob Der e bëssem esou Wischi-Waschi, e bësse vun allem wëllt maachen. Dir musst lech do awer eng Kéier eens ginn. Mee dat doten ass alt besser wéi näischt, dofir stëmme mer et mat.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen. Dann huet den Auteur vun der Motioun d'Wuert gefrot, den Här Benoy.

■ **M. François Benoy (déi gréng).**- Jo, also ech muss wirklech soen, ech géif dem Här Goergen uroden, eng Kéier de PNEC am Detail ze kucken. Ech kann em en och gär erausprinten.

■ **Une voix.**- Neeee.

■ **M. François Benoy (déi gréng).**- Ech hat dat schonn eng Kéier gemaach.

(*Brouhaha*)

Ech hat dat schonn eng Kéier gemaach an ech hat der Madamm Hansen e matbruecht. Ech maachen dat dann och eng Kéier fir lech, dass Der lech do genau kënnt dran ukucken, wéi mer och par rapport zum Ausstigg aus de fossillen Energië stinn. Da braucht Der net déi ganz Zäit erëm falsch Wourecht hei an de Raum ze setzen.

Fir de Rescht, Här Goergen, wëll ech lech och soen, dass ech lech wannechgelift géif bieden, hei op der Tribün net iergendwellech Saachen an de Raum ze setzen, déi wirklech net par rapport zu eise Positiounen oder Positiounen vun de Grénge stinn. Dir wësst - a mir hunn dat och hei an der Pleniëre schonn e puermol gesot -, dass Lëtzebuerg sech zesumme mat anere Länner och fir eng europäesch Bepräisung oder Tax vun dem Kerosinn asetzt. Also haalt wannechgelift op, esou Geschichten ze zielen, déi net stëmmen a wou Der och ganz genau wësst, dass sech d'Regierung fir eppes anescht asetzt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Benoy. Da freet den Här Goergen d'Wuert nach eng Kéier.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Här President, do ass awer dann e Fait personnel mat dran.

Also, Dir kënnt mer e léiwer mailen, mee mir hunn e scho ganz gutt gelies. Also, Dir braucht net ze mengen, dass mer et net géife maachen, well mir reegen eis allkéiers driwwer op, dass en net wäit genuch geet! An dat wësst Der ganz genau, als déi gréng.

An ech kann lech soen, d'Realitéit ass: Wann ech heemfueren, gesinn ech nei Tankstellen, déi gebaut ginn. Dat ass d'Realitéit! Dir kënnt hei zielen esou vill, wéi Dir wëllt, vun Ären „iergendwéi eng Kéier“-Ziler, mee d'Leit gesinn, wa se fueren, dass nei Tankstelle gebaut ginn. Dat ass d'Politik vun dëser Regierung!

Zum Kerosinn: Jo, do verträischt Der eis wéi beim Pelzverkafsverbuert. Zënter zwee Joer verträischt Der op iergendwellech europäesch Reegelen. Nee, Dir als Regierung kéint haut einfach higoen an um Kerosinn, wann Der dat wirklech wëllt maachen, wann Der eppes wëllt fir d'Ëmwelt maachen, déi Tax aféieren, an et wär gereegelt. Mee Dir wëllt et net maachen! Dir verstoppst lech hannert Europa!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Goergen. Dann huet d'Madamm Cecchetti d'Wuert gefrot.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Jo. Merci, Här President. Also ech muss dem Här Goergen awer e bësse Recht ginn hei. An eis Stroossen dierf een net vergiessen. Déi ginn och nach gebaut a Bëscher ofgeholzt. Mee kommt, mir kommen emol erëm zur Motioun zrëck. Also, an dëser Motioun steet elo net esou vill Neies dran. Et ass e bëssem dat, wat d'Regierung wëlles huet ze maachen. Dir géift eis soen als Opposition, déi wier superfetatoire. Mee mir stëmme se awer als déi Lénk mat.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Cecchetti. Dann huet den Här Keup d'Wuert gefrot.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Merci, Här President. Ech muss awer och e bësse soen, den Här Goergen huet net ganz Onrecht, fir ze soen „la politique dynamique de sortir des énergies fossiles“ ... Also mir si jo och elo net onbedéngt do d'Virreider. Mee ech mengen awer, dass d'Regierung och do wäit zrëckbleift bei hiren Ukënnegungen, déi se ëmmer mécht mat Datum, mat dann an dann, 2030 esou vill Elektroautoen an esou weider an esou fort. Ech mengen dat sinn alles schéin Ukënnegungen, mee an der Realität um Terrain gesäit een awer, dass dat komplett illusoresch ass. Duerfir: Do si mer net dermat d'accord!

Dat anert, da geet e bëssem dorëm, wat den Här Roth och sot, et geet hei am Fong elo net nëmmen ëm déi Leit, déi vläicht wéineg verdéngen, déi an engem Aarmutsrisiko liewen, mee et geet och hei, an dat sollt mer net vergiessen, ëm déi Leit, déi einfach méi wäit ewech wunne vun den Zenteren, déi am ländleche Raum wunnen. Ob déi Leit elo an der Mëttelschicht sinn oder méi aarm sinn, dat si Leit, déi hunn Autoen, déi verdéngen net onbedéngt mega vill, mee déi mussen déi vill Kilometere maachen. Dat sinn déi, déi immens drënner leiden. An dat géife mer am Fong an esou enger Motioun begrëissen, wann dat géif drastoen. Dat vermësse mer. Duerfir stëmme mer se net mat.

Merçi.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Keup. Dann huet den Här Georges Engel d'Wuert gefrot.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President. Ech wëllt drop reagéieren, wat den Här Gilles Roth gesot huet. Do steet „permettent d'atténuer“, déi 200 Euro vun der Allocation de vie chère, „permettent d'atténuer“. „Atténuer“ heescht op Däitsch „mildern“, heescht op Lëtzebuergesch „offiederen“. Et heescht also net, datt, wéi Dir et gesot hutt, déi Allocation de vie chère soll dee ganze Pak en charge huelen, wat et méi sollt kaschten. Dat ass dat Éischt.

An déi zweet Saach ass: Liest de véierten Invite, deen an där Motioun hei drasteet. Do steet dran: « à





analyser dans ce contexte si des mesures ciblées supplémentaires » - supplémentaires! - « sont nécessaires pour soulager les ménages à faible revenu. » Also, ...

*(Interruption)*

...„à faible revenu“, bon, dat heescht net nëmme vläicht déi, déi ...

*(Brouhaha)*

Dat heescht vläicht net nëmmen déi, déi d'Allocation de vie chère kréien. Dofir géif ech der Regierung dat nach eng Kéier mat un d'Häerz leeën, fir dat wirklech ze analyséieren. Dat kann een net vun haut op muer esou decidéieren. Dat kann een och net ..., et muss een den Impact budgétaire do kucken. Dofir steet dat hei an där Motioun nach dran. An dofir géif ech lech och roden, déi Motioun hei matzestëmmen. Dann hätt Der eppes Guddes gemaach!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engel.

Ech mengen mir kënnen elo zum Vott vun där Motioun kommen, vun der Motioun Nummer 1.

**Vote sur la motion 1**

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 34 Jo-Stëmme géint 25 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

**Motion 2**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Dat ass déi Motioun vun der ADR, wou eng substanzieell Avance op der Deierungszoulag gefrot gëtt. Wëllt nach een d'Wuert zu där Motioun froen? Den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci. Mir hunn eng Sympathie fir den Inhalt vun där Motioun. Do gëtt jo virgeschloen, fir eng Avance op déi Allocation de vie chère ze ginn. Mir fannen, dass dat richteg ass, well d'Leit sinn elo schonns mat deenen Erhéijunge vun den Avancen ... Ech hat dat virdu gesot: 90 Euro eleng de Mount op dem SUDenergie fir de Gas ... Mir géifen eigentlech d'Regierung invitéieren, fir e System ze erfannen, fir dass déi Avancen hei kéinte bezuelt ginn, eventuell - ech denken dat och vläicht als Kommunalpolitiker - am Zesummespill notament mat den Office-socialen respektiv mat den eenzelne Gemengen. An do, mengen ech, wier d'Regierung zesumme mat dem Syvicol och gefuerdert, fir dass een dat hei kéint zäitno a besonnesch virun de Feierdeeg an d'Rei setzen.

A mir stëmmen dës Motioun mat.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Roth. Dann huet den Här Max Hahn d'Wuert gefrot.

■ **M. Max Hahn (DP).**- Jo. Merci, Här President. Mir wäerten dës Motioun net matstëmmen. Éischstens gesinn ech et als relativ schwierig, dat doten esou ëmzesetzen, fir dat am Virfeld ausbezuelen. Nach bleift ze betounen, dass, wat de Kolleeg Georges Engel virdu scho gesot huet, an eiser Motioun, déi mer virdu gestëmmt hunn oder verschiddener dann deelweis eeben net gestëmmt hunn, eebe gekuckt soll ginn, ob zousätzlech Mesuren néideg sollte sinn, fir déi dann ze envisagéieren. Dëst gesot: Dir frot och, fir d'Allocatiounen an d'Luucht ze setzen. Ech denken, dat ass jo dat, wat ugekënnegt ass. Dëst Joer waren et déi 10 %, déi ugekënnegt goufen, an ab dem 1. Januar 2022 déi 200 Euro zousätzlech.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Hahn. An da wär et um Här Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Also, mir wäerte se matstëmmen, well et ass eeben esou, dass elo d'Präisser eropgaange sinn. An dofir ass et ganz normal, dass mer deene Leit elo mus-sen hëllefen an net iergendeng Kéier duerno.

An ech sinn och net averstane mat der DP, dass dat net esou einfach méiglech wär. Also, als e Land, wat jo awer seet, mir wären digital gutt opgestallt, misst dat direkt méiglech sinn. Virun allem, wann drasteet: „Leit, déi an der Vergaangenheet deen Zouschlag scho kruten“. Also dat ass ee Computer-programm een Dag. An ech mengen, d'DP huet den Digitalminister. Dat misst awer machbar sinn!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen. An da wier et un der Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Jo. Merci, Här President. Also, mir hunn an der Motioun 6 quasi dat selwecht gefrot. Mee mir ginn e bësse méi wäit. An dofir enthalé mir eis bei där respektiv mir géife proposéieren, ob een dann net soll d'Motioun 6 zesummen hei op der Oppositionssäit stëmmen. Well ech huelen un, datt d'Regierungssäit déi net wäert matstëmmen.

An ech wollt do just nach zu der Madamm Cahen eebe soen: Si huet jo och effektiv erkläert, datt d'Allocation de vie chère eropgesat ginn ass. Mee et dierf ee jo awer net vergiessen, datt grad déi Allocation de vie chère un déi Leit geet, déi am mannst-hunn. A wann een dann och d'Deierechte kuckt, nëmmen am Wunnen, am Wunnberäich - 16,7 %, wat d'Kafen ubelaangt, an d'Locatioun ass 5 % bis 6 % a knapp engem Joer méi deier -, dann ass dat, wat déi Allocation de vie chère eropgesat ginn ass, nach wirklech just eng Drëps op de waarme Steen, nieft deem, wat mer virdu scho gesot hunn, d'Energiekäschten an esou weider. An dofir geet d'Motioun 6 wéi gesot méi wäit wéi elo déi Motioun 2. Kuckt lech dat, wannechgelift, un.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Cecchetti.

Ech mengen, da kënnen mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 2 kommen.

**Vote sur la motion 2**

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 2 ass bei 26 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen net ugehall.

*Résultat définitif après redressement : la motion 2 est rejetée par 27 voix pour, 31 voix contre et 2 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch.*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

**Motion 3**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3. Wëllt nach een dozou d'Wuert froen? Den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Jo. Merci, Här President. Dës Motioun gesäit eigentlech vir, déi geplangten CO<sub>2</sub>-Steier vun 20 op 25 Euro, déi also den 1. Januar 2022 ufänkt, ersatzlos auszesetzen. Ech widerhuelen dozou nach eng Kéier d'Positioun vun der CSV: Mir soen zu där Motioun Neen, well mir schonns zu eisem Wuert stinn, nämlech fir d'CO<sub>2</sub>-Steier iwwert, ...

*(Interruption)*

... fir d'CO<sub>2</sub>-Steier iwwert déi nächste Joren anze-féieren an ze erhéijen. Mee an der Konterpartie, an dat hunn ech scho bei dem État de la nation gesot, sinn a bleiwe mir der Meenung, dass een dat och weiderhin hätt sollen offiederer, andeems een déi

CO<sub>2</sub>-Steier net indexneutral gehalen hätt, mee dass ee se an den Index agefouert hätt, well et ganz einfach zu enger Erhéijung vun den Energiepräisser féiert. An duerfir si mir der Meenung, dass dat an den Index gehéiert.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Roth. Den Här François Benoy.

■ **M. François Benoy (déi gréng).**- Jo. Merci, Här President. Mir kënnen déi heite Motioun selbstverständlech net matdroen, well d'CO<sub>2</sub>-Steier en immens wichtegt Instrument ass am Beräich vum Klimaschutz, fir dass mer eng Trajectoire kënnen virginn, fir dass mer kënnen soen, wou d'Richtung higeet, fir dass eebe grad d'Investéieren an eng klimaneutral Zukunft sech méi lount. An dofir brauche mer dat Instrument, en Instrument, wat sech lues a lues weiderentwéckelt, wat zu Lëtze-buerg och sozial ofgefiedert ass fir déi Leit, déi et wirklech brauchen.

Wéi gesot, international gëtt ëmmer méi gesot, dass grad dat doten en Instrument ass, wat mer brauchen, wat ee sollt weiderentwéckelen. Da kënnen mer elo net soen, mir géifen et ersatzlos sträichen.

Dozou wëll ech awer och nach preziséieren, dass d'CO<sub>2</sub>-Bepräisung, wéi mer se elo dëst Joer agefouert hunn respektiv wéi se erhéicht gëtt d'nächst Joer, wirklech net fir déi Hausse zoustänneg ass, iwwert déi mer elo hei schwätzen. Hei geet et ëm eng ganz kleng Hausse beim Bensinn a beim Pétrol a beim Mazout vun eppes iwwer engem Cent, a beim Gas, wou mer wirklech an engem ganz kleng-Beräich sinn. Et ass net dat, wat verantwortlech ass fir déi Haussen, déi mer elo hunn!

Wann ech da vläicht och nach e Wuert ka soen zur Indexéierung dovun, iwwert déi den Här Roth geschwat huet, mir haten dat Theema jo och schonn hei: Wa mer dat einfach géifen an den Indexkuerf huelen, géife mer am Fong déi ganz Kraaft vum Instrument ewechhuelen. An dovunner ofgesi wär et och an onsen Aen net sozial gerecht, well mer eigentlech och alleguerten deenen, déi sech et leeschte kënnen an déi jo och bekanntermoossen éischter d'Pollueure sinn an net déi, déi manner pol-luéieren, déi, déi manner hunn ... An dofir wär dat an eisen Aen och dee falsche Wee.

Voilà. Also nee fir eis.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Benoy. Da wier et un der Madamm Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Merci, Här President. Also mir stëmmen dat do och net mat. Mir stëmmen dat do och net mat, well mir mengen, datt dat wirklech de falsche Message ass. Mir sinn awer nach ëmmer der Meenung, wéi mer et och virdu gesot hunn, datt sozial Mesurë musse geholl ginn, fir den Ëmweltschutz weiderzedreien. Et dierf op kee Fall e Géintenee vu Sozialem an Ëmweltschutz sinn! Et muss e Matenee sinn! Mir mus-sen déi Leit mat an d'Boot kréien. A virun allem musse mer hinne finanziell ënner d'Äerm gräifen, an zwar just deenen, déi et am meeschte brauchen. Déi déi genuch Suen hunn, déi se um Koup leien hunn, kënnen bezuele fir déi aner mat. Mir mussen do eng Ëmverdeelung kréien. An dofir kënnen mir dat hei net matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Cecchetti. Da wier et um Här Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Also, mir wäerten et och net matstëmmen. Mir sinn an enger Klimakris a mir mussen aus dem fossille Brennstoff eraus. Et kann een och net soen, dass am internationale Verglach déi CO<sub>2</sub>-Steier, déi d'Regierung hei geholl hätt, déi couragéierst gewiescht wär, éischer am Contraire. Et ass e bëssen esou homeopathesch. Et ass och net déi, déi herno e groussen Ënnerscheid wäert maachen, och wa se awer hir Wierkung huet.

Natierlech sinn et Leit, déi sozial schwaach sinn, an dofir hätt mer gären eis Klimadividend. Ech weess och, dass mer do keng Majoritéit wäerte fannen, mee fënnef Tonne CO<sub>2</sub>, déi een dierf am Joer verbrauchen, mat enger negativer Steier, wär d'Léi-sung, fir eeben déi sozial méi Schwaach ofzefiederen. An déi, déi eebe ganz vill CO<sub>2</sub> verbrauchen, misst een iwwer eng méi héich CO<sub>2</sub>-Tax dozou ze bréngen, aus dem fossille Brennstoff erauszeklammen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Goergen. Da wier et nach um Här Keup.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Merci, Här President. Ech wollt awer nach op eppes agoen: Déi Iddi natierlech, fir dat Ganzt indexéieren, dat ass déi richteg Iddi, well mir maachen hei - dat ass jo gestëmmt gi virun enger Zäitchen - eng sozial Offiederung. Dat ass schéin a gutt. Mee déi kritt da jiddwereen, deen ënnert engem gewëssene Seuil läit, mee awer net onbedéngt deen, dee se wirklech brauch, well deen hei och méi Sue muss ausginn.

Well net jiddwereen huet jo en Auto. An zum Bei-spill hu vill Leit, déi elo vläicht déi Offiederung kréien, keen Auto an déi verbrauche souwisou scho manner CO<sub>2</sub>. Déi kréie se awer elo, während een, wéi

ech virdu scho sot, dee vläicht wäit ewech vun der Stad wunnt, dee wirklech op säin Auto ugewisen ass, dee vill muss fueren, elo muss vill bezuelen. Mee dee riskéiert, se awer net ze kréien!

Dat heescht: Mir hunn eng gewëssen Ongerech-tegkeet an deem System. An duerfir wier et wirk-lech dee richtege Wee, fir dat Ganzt einfach mat an den Index eranzehuelen.

Mer-ci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Keup. Da kënnen mer zum Vott vun der Motioun Nummer 3 kommen. D'Ofstëmme fänkt ...

*(Interruption)*

Den Här Georges Engel nach fir d'Éischt.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Ech wollt elo nach eppes soen, da brauch ech et herno net ze soen. Natierlech wäerte mir dës Motioun hei och net matstëmmen. Ech wëll nach eng Kéier eppes zur In-dexéierung soen, wat ech och scho virdrun op der Tribün gesot hunn: Mir fannen, da géif de Lenkungs-effekt vun där CO<sub>2</sub>-Steier, wann déi elo indexéiert géif ginn, natierlech ewechfalen. An dat wär e falsch Zeechen no baussen.

Natierlech ginn ech der Madamm Cecchetti Recht. Et muss ee Mesures sociales mat derbäi maachen. An déi hu mer jo och gemaach. Mir hunn de Crédit d'impôt gemaach, dee mer vu 40.000 degressiv op 80.000 gesat hunn. Bei 80.000, ech soen et nach eng Kéier: Een, deen 80.000 Euro verdéngt, dee verdéngt 6.666 Euro de Mount. Bis dohinne ass also dee Crédit d'impôt, leeft deen also aus. Dofir fan-nen ech, kann déi CO<sub>2</sub>-Steier hei natierlech net an dem Index mat iwwerholl ginn. Soss hätt dee Crédit d'impôt och guer kee richtege Sënn gemaach. Voilà.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools.

Da kéime mer elo zum Vott.

**Vote sur la motion 3**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

**Motion 4**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 4. Dat ass, wou eng Suspensioun vum Déguerpissement en matière de bail à loyer gefrot gëtt bis Enn des Joers. Wie wëllt nach zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Jo. Merci, Här President. Ech verstinn d'Beweegrënn. Mir deelen déi awer net. Et ass net bis Enn des Joers gefrot fir eng Sus-pensioun vun dem Deguerpissement. Also, et ass net esou, dass een de Bail ka kënnegen, mee den Deguerpissement ass, een erauszesetzen. An hei ass dat jo gefrot bis den 30. Abrëll 2022. Mir sinn als CSV do der Meenung, dass substanzieell Efforte gemaach goufen an der Vergaangenheet um Niveau vun dem Bail-à-loyers-Gesetz, déi méi schützend si fir d'Mieter. An ech mengen, et muss een an esou enger Situatioun engersäits natierlech d'Situatioun kucke vum Mieter, mee och déi vun de Vermieter! Et sinn och eng Rei vu Vermieter, déi vun hirem Revenu locatif en Deel vun hiren normalen Depensë finanzéieren. An duerfir si mir der Meenung, dass een dat hei net sollt maachen.

Ech sinn och perséinlech dervun iwwerzeegt, dass, wann esou Situatioun sech stellen, déi néideg Sensibilitéit muss bestoen, souwuel bei de Gerich-ter wéi och um Niveau vun de Gemengen, déi dann





en fait missten esou eng Famill oder eng Persoun en charge huelen, wa se ausgesat gött. Ech mengen, dass déi Protektiounsmechanismen awer bei eis am Land gutt fonctionéieren. An duerfir géife mir dat hei net matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Roth. D'Madamm Ahmedova.

■ **Mme Semiray Ahmedova (*déi gréng*)**.- Merci, Här President. Jo, wat ech wollt soen, ass: Effektiv hate mer déi Situatioun an dës Measure agefouert, wéi mer déi Coronasituatioun hate. A mir gesinn, datt dat awer de Problem net léist.

An ech fannen, et ass keng Léisung, datt mer dat ëmmer erëm ophuelen. Mir mussen de Problem ee fir allemol léisen, andeems mer natierlech méi sozial Wunnenge bauen, andeems mer méi abordabel Wunnenge bauen. An ech mengen, ech stinn hei gutt, fir kënnen ze soen, datt dat wierklech eis éischt Prioritéit ass an datt mer wierklech amgaange sinn, drun ze schaffen. An dat gesot wäerte mer dës Motioun och net matdroen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Ahmedova. D'Madamm Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.- Jo. Just zwou Saachen. Mieter a Vermieter kann een net gläichstellen. Déi kann ee sécher net op engem näämmlechten Niveau behandelen, well een, dee Besëtz huet, ass ëmmerhin nach besser dru wéi een, dee kee Besëtz huet an de Mindestloun huet an dee sech seng Energiekäschten net méi leeschte kann.

**(Interruption)**

An dat, wat d'Madamm Ahmedova gesot huet, ech ginn hir do ganz Recht. Mir mussen onbedéngt vill, vill méi do investéieren. Mee bis dat geschitt ass, ass nach e laangen, laangen, laangen Dag. Dir sot, dat hei wier keng Léisung. Et war eng Léisung während Corona, ben, eng Léisung, et war eng Drëps op de waarme Steen, dat ass wuelverstanen, mee et war fir déi Leit, déi et betrëfft, awer eng Léisung, amplatz dobaussen ze sëtzen. Et ass einfach e Provisorium. A mir hunn och net gesot „bis Enn des Joers“, mir hu bewosst den 30. Abrëll geholl, well da Fréijoer ass a well mer hoffen, datt d'Leit sech dann erëm e bëssen erkrabbelt kréien an d'Energiekäschten an d'Heizkäschten eeben net méi esou héich sinn.

Dat heescht, dat hei, wann et e Problem gött, wier eng Deelléisung. A wann et kee Problem gött, ma dann ass et jo och gutt, da kënnen mer se jo och stëmmen. Voilà.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Cecchetti. Ech mengen, da kënnen mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 4 kommen.

**Vote sur la motion 4**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 4 ass mat 2 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmmen an 2 Abstentione verworf.

*Ont voté oui: Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp);*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

*Se sont abstenus: MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

**Motion 5**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 5, wou gefrot gött, fir en Ofschneide vum Elektresch a Gas ze verbidden. Wie wëllt nach d'Wuert zu dëser Motioun froen? Den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV)**.- Merci, Här President. Mir fannen dat an dësen Zäiten ubruecht. Mee ech

muss awer ganz éierlech soen, ech hu vum Här Energieminister Turmes héieren, oder gemengt ze héieren, dass en Accord mat de Providere fonnt gi wier, dass net géif ofgeschnidde ginn.

En ass elo vertiift an eng Diskussioun mat der Familljeministesch, mee ...

**(Brouhaha et hilarité)**

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Här Minister, wannechgelift.

■ **M. Gilles Roth (CSV)**.- Här Minister, ech hat lech eng Fro gestallt eigentlech, mee ech wollt lech net stéieren, nediert.

**(Hilarité)**

Et geet hei ëm d'Ofschneide vum Gas an dem Elektresch. Déi Lénk fuerderen dat. Mir fannen dat richtig an dësen Zäiten. Ech hat lech awer verstanen, wéi wann Dir op der Tribün virdru gesot hätt, dass Dir mat alle Provideren en Accord hätt, dass net géif ofgeschnidde ginn. Ass dat esou?

■ **M. Claude Turmes, *Ministre de l'Énergie***.- Jo, dat ass esou. Et muss een natierlech oppassen. Mir maachen dat fir déi Leit, déi wierklech kee Moyen hu fir ze bezuelen.

■ **M. Gilles Roth (CSV)**.- Jo.

■ **M. Claude Turmes, *Ministre de l'Énergie***.- Et kann awer net sinn, dass Leit, déi d'Moyenen hunn, op eemol géifen onfair vun där Moosnam profitéieren, well se jo dann och der Allgemengheet géife schueden. An dat ass eeben d'Nuance. Dat heescht, ech hu mat alle Gas- a Stroumliwwerante geschwat an et ass ganz kloer, dass mer do zesummeschaffe mat de Sozialämter. Dat ass alles, do wäert eng besonnesch Vigilance sinn dëse Wanter. Dat wäerte mer maachen.

Awer Leit, déi Geld hunn an dann elo Trittbrettfuerer do wieren, also, ech mengen, de Message vun hei ass dann: Dat wäerte mer net maachen! Well dat wär jo onfair. Well jo dann, wat weess ech, och eng SUDenergie, déi der Gemeng jo gehéiert, géif op deene Sue sëtze bleiwen an dat géif natierlech dann der Allgemengheet schueden. Dat ass d'Nuance an där Debatt.

■ **M. Gilles Roth (CSV)**.- Merci. Här President, wann Der erlaabt?

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Dir hutt nach d'Wuert, Här Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV)**.- Jo. Den Här Turmes huet sech hei engagéiert am Numm vun der Regierung, en huet dat nach eng Kéier confirméiert. Mir kënnen och déi Argumentatioun do novollzéien a mir gesinn eigentlech duerfir kee Grond, fir dëser Motioun, déi eng Interdictioun, géif ech soen, op engem legislative Wee virgesäit, zouzestëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Roth. Da géif ech direkt d'Wuert un den Auteur vun der Motioun ginn.

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.- Jo. Merci, Här President. Ech wëll den Här Minister froen, ob deen Accord dann nei ass. Well den ILR, d'Caritas an d'CSL soen - a mir hunn d'Donnéeë vun deenen, mir hunn dat jo net aus dem loftleere Raum geholl, mir ziele jo net egal wat, déi Donnéeën hu mir nogesicht, mir hu se vun deenen -, datt do awer eng Rei Dekonnexiounen waren an datt déi Leit da kal do souzen.

Dir sot elo, Dir hätt en Accord mat hinnen. Ass dat nei? Ass dee bindend? Ass deen iergendwou festgeschriwwen? Wéi funktionéiert dat? Well déi Motioun hei ass jo dann awer gutt, och wann en Accord do wär. Si seet jo net méi, wéi datt einfach keng Dekonnexioun soll sinn. Dat heescht, fir eis ass dat nämlech wierklech immens wichteg, well mir kennen alleguer esou Famillje mat Kanner, oder och ouni Kanner, a kal sëtzen ass net schéin, ouni Elektresch sëtzen ass net schéin. Wat dat alles bedeit, ech mengen, heibanne ka bal kee sech an d'Haut vun esou Leit versetzen, well et eis heibannen alleguer immens, immens gutt geet, well mir uerdentlech Paien hunn.

**(Brouhaha)**

Dat wier wierklech net flott, wann dat géif geschéien. A wéi gesot, mir hunn eis op déi Donnéeën, op déi Zuelen eebe beruff, déi mir do fonnt hunn. An dat läit eis um Häerz.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Cecchetti. An da wier et um Här François Benoy.

■ **M. François Benoy (*déi gréng*)**.- Merci, Här President. Dat do ass jo en Theema, wat mer och beim Iwwerschaffe vun de Gesetzter scho relativ laang a breet an der Energiekommissioun diskutéiert hunn. An et ass, wéi ech et a menger Ried scho gesot hunn, a wéi och de Minister et nach eng Kéier bestätegt huet: Et kritt zu Lëtzebuerg kee Client vum Office social, dee seng Rechnung net bezeue kann, de Krunn zougedréit! An an där Hiischt ass déi Motioun hei eigentlech net néideg, well et vum Gesetzgeber an deem Sënn gekläert ginn ass, wéi ech et elo gesot hunn.

Mee ech mengen awer, dat hei ass e wichtege Sujet. Et ass och esou, dass de Virgänger vun der Madamm Cecchetti an der Kommissioun deemools Member war, wéi mer déi Gesetzter iwwerschafft hunn, mee dass een, och fir eis, dat do nach eng Kéier kann an der Kommissioun thematiséieren oder nach eng Kéier erkläert kréien, wann et néideg ass. Mee a priori géife mir déi Motioun net stëmmen. Mee wann et elo nach eng Kéier misst sinn, deen Detail, deen de Minister och schonn erkläert huet, wann et sënnvoll wär, fir dat nach eng Kéier an der Kommissioun ze erklären, kënnen mer dat an der Kommissioun maachen.

Ech wëll awer der Madamm Cecchetti och nach eng Kéier äntwerten. Si huet an hirer Ried virdru gesot, dass et eng aner Motioun gött, wou se scho relativ laang drop waart, dass mer dat an der Energiekommissioun thematiséieren. Déi huele mer elo de 25. November drun, wa mer eng Jointe maache mat dem Logement, wou mer dat Theema da mat der Regierung kënnen diskutéieren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Benoy. Dann huet den Här Reding d'Wuert gefrot.

■ **M. Roy Reding (*ADR*)**.- Jo. Merci, Här President. Et wonnert mech, datt déi gréng elo soen, dat wier esou eppes wéi superfetatoire. Ech ka mech erënnere, et muss Enn der 90er-Jore gewiescht sinn, do huet den Här Gira eng Initiativ geholl, fir e Gesetz op d'Schinn ze bréngen, wat et eebe just verbitt, fir de Leit d'Elektresch - deemools ass et ëm d'Elektresch gaangen, mee Gas ass eppes ganz Änlech - ofzeschneiden, well se net kënnen bezuelen. Ech hunn déi Zäit als Affekot - an engem fréiere Liewe war ech Affekot - fir e Client geschafft, ATD Quart Monde. Do war eng Damm, alengerzéiend, fënnef Kanner, si huet zu Gonnereng gewunnt, ech ka mech ganz gutt erënnere, déi krut d'Elektresch ofgeschnidden, deen Dag, nodeems se akaaft hat, an hire ganze Frigo an hir ganz Tru, virun allem och hir Tru, si futti gaangen. Dat sinn onhaltbar Zoustänn!

Also fannen ech net nëmmen, datt mer déi Motioun do ënnerstëtzen, selbstverständlech, mee ech géif wierklech all d'Kolleegeen hei opruffen, datt mer déi legislativ Initiativ vum Här Gira nees opgräifen an e klore legale Kader setzen, ënner wat fir enge Konditiounen mer zumindest eng Mindestversuergung - an der Belsch gött et dat, do kriss de däi Stroum, net méi onendlech vill, mee du kriss eng Mindestversuergung, datt weinstens däi Frigo an deng Tru kënnen funktionéieren - endlech hei zu Lëtzebuerg op d'Schinn bréngen, no 25 Joer Initiativ, luewenswäerter Initiativ, vum Kolleeg Gira.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Reding. Dann ass d'Wuert nach eng Kéier fir d'Madamm Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.- Jo. Nach just ganz kuerz. Also, an der Motioun Nummer 5, do hu mir jo ganz genau drageschriwwen, wéi vill: 2020 waren et 52 Clienten, déi deconnectéiert gi si vum Gas. Dat hu mir wierklech net erfionnt. Dat heescht, dat gött et, dat ass richtig, an ech kennen dat och! Ech wunnen an enger Gemeng, wou ech och den Office social kennen a wou ech och weess, wéi séier et heiandsdo geet. De Stroum ass méi séier ofgeschalt, wéi een A oder B ka soen. Dat gött et!

Dir kënt elo net hei alleguer maachen, wéi wa mir dat aus der Loft gegraff hätten! Et gött Rapporten doriwwer. D'Caritas schreift doriwwer, d'CSL schreift doriwwer, den ILR schreift doriwwer. Et gött Rapporten. Et gött Zuelen. Dir kënt jo awer elo net soen, dass et dat guer net géif ginn. Dat gött et!

Ech fannen et och ganz, ganz flott, dass dat iergendwann eng Kéier an der Energiekommissioun beschwat ginn ass. Dat hëlleft mer awer näischt zu de Faiten. Nee, dat ass kee Reproche, Dir braucht net de Kapp ze rëselen! Dat hëlleft awer wierklech näischt zu de Faiten, déi mir nogesicht hunn.

**(Interruption)**

Déi si jo awer wierklech net aus der Loft gegraff. Entweder liewe mir an zwou Parallellwelten, ech weess et net, mee mir hunn déi Zifferen hei net aus der Loft gegraff. Mir hunn déi geholl, déi a Rapporte stinn.

An da wëll ech awer och nach dem Här Benoy e grouse Merci soen, datt dann endlech eis Motioun - no dräi Joer! - op den Ordre du jour kënt. Dat schwätzt och Bänn, datt déi dräi Joer do läit!

Mee nach eng Kéier, fir déi Motioun hei: Ech verstinn dat net! Ech wëll dem Här Minister wierklech net soen, datt hien eis egal wat zielt. Absolutt net! Ech gleewen lech, datt Dir geschwat hutt mat deene Fournisseuren. Ech gleewen lech och, datt Der do probéiert, eppes auszemaachen. Mee wéi gesot: Ass et bindend? A gött et dann herno och um Terrain awer wierklech esou ëmgasat? Well dat ass jo de sprangende Punkt.

Ech mengen, déi Leit, déi keng Suen hunn, hunn awer e Recht op Energie. Si hunn e Recht dorop. Si hunn e Recht drop, dierfen doheem waarm ze sëtzen, dierfen d'Luucht unzehun, dierfen hir Aar-

becht - vläicht, wa se e Computer hunn - um Computer ze maachen, oder wat och ëmmer. Et ass einfach e Recht. An ech verstinn dofir elo net, firwat dat elo esou schlëmm ass, déi Motioun hei matzestëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Cecchetti.

**(Brouhaha)**

Da wier et um Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Jo. Merci, Här President. Also, déi Zuelen, do kann ech der Madamm Cecchetti Recht ginn, déi sinn net aus der Loft gegraff. Déi sinn nach rezent an enger Äntwert op eng Question parlementaire vu mengem Kolleeg, dem Marc Goergen, vun deenen zwee Ministeren, déi hei sëtzen, confirméiert ginn. An et ass souguer méi schlëmm, wéi et an der Motioun geschriwwen ass, well et sinn net 52 Persounen vum Gas ofgetrennt ginn d'lescht Joer, mee et sinn der 77 gewiescht. A 771 vum Stroum.

Ech hunn eng Kéier kuerz nogerechent: Ronn 50 % vun den Demanden, déi all Joer beim ILR gemaach ginn - dat sinn der bal 2.000 an der Moyenne -, ginn accordéiert, fir eng Dekonnexioun ze maachen, respektiv do kënt et zu enger Dekonnexioun. Dat sinn der an der Moyenne zwëschent 75 an 110 de Mount. Firwat esou eng grouss Spann? Ma 75, wann et zwielef Méint am Joer deconnectéiert gött, an 110, wa mer déi véier Méint am Wanter géifen ausklammere.

Elo gleewen ech da vläicht och nach, an ech hu wierklech keen Zweifel drun, datt de Minister dat de bonne foi verhandelt huet, datt mer herno dann déi véier Méint zwëschent November a Februar keen een deconnectéiere wäerten, dee sech et net leeschte kann. Mee dat heescht dann awer, datt se am März direkt deconnectéiert ginn, well iergendwann ass de Wanter eriwwer. An déi Leit, déi hunn doduerjer net onbedéngt méi Geld an der Täsch, just well se véier Méint laang net deconnectéiert goufen. Déi Scholde lafe jo weider an dann huet een no véier Méint déi näämmlecht Schold wéi virdrun.

Wat mech erschreckt, ass, datt hei gemaach gött, wéi wann déi Motioun hei, an de Roy Reding huet et gesot, superfetatoire wär, et huet jo kee sech getraut, dat Wuert ze benotzen, well e wousst, datt en der géif dobausse laanscht d'Bake kréie fir dee Saz. Hei ...

**(Exclamations)**

Hei geet et drëm, hei geet et ëm 771 Stéit, déi d'lescht Joer de Stroum ofgeschalt kruten, well se sech et net leeschte konnten. Hei geet et ëm 77 Stéit, déi de Gas ofgeschalt kruten, well se sech et net leeschte konnten. An ...

**(Interruption)**

... a fënnef Joer, wou mer d'Äntwert kruten, a fënnef Joer hunn iwwer 4.500 Dekonnexiounen stattfonnt - a fënnef Joer!

An deenen näämmlechte fënnef Joer, an d'Madamm Ministesch huet et virdru gesot, si ganzer 71 Berodung géint Energiearmut gemaach ginn. An dann ass déi Motioun hei superfetatoire? Also, da verstinn ech d'Welt net méi!

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.- Très bien!

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Mir wäerten déi Motioun hei matstëmmen. A wann et just ass, fir datt mer net nëmmen deene Leit véier Méint Reprise ginn, mee datt mer derfir suergen, datt mer hei konsequent bei deene 4.500 Fäll vun Dekonnexiounen agräifen an net nëmme bei deenen 71, déi op iergendengem Ëmwee oder duerch iergendeen Zoufall d'Aidé fonnt hunn, déi offréiert ginn. Well et muss een awer éierlech soen: 71 vu 4.500, dat ass e bësse lächerlech!

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Clement. Dann huet den Här Carlo Back d'Wuert gefrot.

■ **M. Carlo Back (*déi gréng*)**.- Merci, Här President. Jo, ech géif dem Haus hei eng Propositionen maachen, well ech gesinn: D'Welle schloen héich. Et gött iwwer Saache geschwat, déi sech vläicht an der Tëschenzäit verännert hunn. Ech ginn elo zrëck op dat Gesetz, vun deem den Här Benoy geschwat huet virdrun. Dat ass d'Gesetz iwwert d'Elektresch, wat mer gestëmmt hu virun enger Rei Méint. An do steet elo dran, op Propositionen vun eise Kolleege vun déi Lénk, do steet elo am Text dran, datt, wann ee soll ofgepëtz gi vum Elektreschen - mir sinn am Elektreschen -, wann ee soll de Stroum ofgepëtz kréien, da muss de Fournisseur vum Stroum, deen, deen also ofpëtze geet, deen de Kabel duerschneide geet, wann ech dat emol esou dierf soen, da muss deen dem Client d'Adress ginn, d'Informatiounen ginn, datt e sech kann un den Office social vu senger Gemeng wenden. An dann iwwerhëlt natierlech do den Office social.

■ **Une voix**.- Richtig!

■ **M. Carlo Back (*déi gréng*)**.- Da muss en awer och do ënnert déi Konditiounen falen - den Här Minister





huet virdu geschwat vu Situatiounen, wou Leit hire Stroum oder hire Gas net bezuelen aus Ursaachen, déi anerer kënnen si wéi keng Suen ze hunn -, dann iwwerhëlt den Office social. Dat ass, wéi gesot, an deem Gesetzestext dran. Den Text ass ganz rezent. An dofir géif ech proposéieren, fir datt mer virukommen an eis elo net hei iwwerhëtze mat grouse Wierder: Mir sollen dat an d’Kommissioun huelen ...

**(Brouhaha)**

... an do duerchdiskutéieren an och d’Fournisseuren, respektiv déi grouss Fournisseuren, komme loossen a froen: „Wéi gëtt et ëmgusat?“

An als Zweet proposéieren ech dann och, datt mer eng selwecht Dispositioun géifen an de Gas-Text huelen - dee steet jo och deemnächst, mengen ech, Här Minister, um Ordre du jour -, datt mer do dann och déi selwecht Dispositioun abannen. An ech mengen, da kéinte mer awer wierklech déi Leit protegéieren, déi an enger sozial schlechter Situatioun sinn.

An déi aner, déi aus aneren Ursaachen net bezuelen, bon, ech mengen, do wëlle mer elo hei net driiwer diskutéieren. De Minister ass jo och dorop agaangen.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Back. Dann huet den Här Gilles Roth d’Wuert gefrot.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Ganz kuerz. Ech fannen dat eng ganz rasonabel Propos vun dem Carlo Back an ech géif eis eigentlech invitéieren, dass mer dat géife matdroen, dass mer ënnert där villfálteger Problematik dat do eng Kéier an der Commission de l’Énergie kucken. Dat ass op jidde Fall eis Positioun vun der CSV.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dann hat den Här Energieminister Claude Turmes d’Wuert gefrot.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.**- Ech fannen et gutt, dass mer déi dote Fro hei esou intensiv diskutéieren. Dat ass mir nämlech immens wichteg, dass dat do och um Terrain klappt. Wéi gesot, den Här Back huet Recht. Mir hunn dat Gesetz besser gemaach. Ech hunn och elo wierklech nach eng Kéier mat alle Gas- a Stroumverkeefergeswat. Mee ech mengen, ech sinn awer och frou, fir dann an där Kommissioun, déi mer elo geschwënn hunn, do nach eng Kéier an d’Detailer ze goen a vläicht nach eng Kéier d’Prozedur méi duerzeleeën. Mee ech mengen, dat, wat Dir fuerdert, dat géif warscheinlech dann awer och de Problem dohinner bréngen, wat ech maachen, wann een, dee ganz vill Geld huet, einfach géif soen: „Majo, ech bezuelen net!“

■ **Une voix.**- Jo.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.**- An dat, an engem Gesetz, wat géif s de dann an d’Gesetz schreiwen? Dat ass, bon ...

**(Interruption)**

Gutt. Duerfir, d’Gesetz haut ass gutt, mee ech sinn awer bereet, oder ech sinn och frou, dass mer dat an der Kommissioun dann eng Kéier zesummen diskutéieren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Minister.

**Vote sur le renvoi de la motion 5 en commission**

Wien d’accord ass, fir dës Motioun an d’Kommissioun ze verweisen, soll d’Hand an d’Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder soll dann d’Kommissioun sech mat dëser Motioun befaassen.

**(La motion 5 est renvoyée à la Commission de l’Environnement, du Climat, de l’Énergie et de l’Aménagement du territoire.)**

**Motion 6**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 6, wou et drëm geet, fir e Supplement op d’Allocation de vie chère fir den Exercice 2021 ze accordéieren. Wie wëllt nach d’Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Max Hahn.

■ **M. Max Hahn (DP).**- Jo. Merci, Här President. D’Madamm Cecchetti hat et virdu bei der Motioun 2 jo schonn ugedeit, si geet et bëssen an déi Richtung wéi d’Motioun 2. Dofir verzeit mer och meng Argumentatioun, et wäert eng änlech sinn, nämlech, dass ech op där enger Säit frou sinn, dass mer op d’Joer 2021 dann déi plus 10 % gemaach hunn an ab dem 1. Januar 2022 dann déi zousätzlech 200 Euro.

An ech géif dann nach eng Kéier op eis Motioun 1 verweisen, wou mer soen, dass een eeben nach permanent soll déifgräifend analyséieren, wéi eng Effekter déi Präishaussen, déi mer an dem Energieberäich hunn, dann hunn a wou een dann nach nobessere sollt. Dofir géif ech proposéieren, dass meng Fraktioun déi heite Motioun net matstëmmt.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Hahn. Dann huet den Här Gilles Roth d’Wuert gefrot.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci. Mir sinn net vun der Kuck-Partei, mee mir si vun der Partei vum Handeln. A mir hunn d’Motioun Nummer 2 vun der ADR matgestëmmt an duerfir ass déi hei fir eis grad esou kloer a mir wäerten déi hei och matstëmmen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Roth. Den Här Marc Goergen. Jo, et huet een net gesinn, wéi een Aarm datt et wier.

**(Hilarité)**

D’Wuert ass fir den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Den Eck war awer dee richtegen. Dir sidd entschëllegt. Also, mir hu virdu schonn derfir gestëmmt, mir wäerten et och dës Kéier maachen.

Fir mech ass et awer vläicht nach en anere Problem bei der Allocation de vie chère, dee relevant ass, an dat ass, datt een ëmmer erëm konfrontéiert gëtt mat Leit, déi soen, si hätten en negativen Avis dozou kritt, well d’Delaie verpasst gi wären. Ech verstinn net, firwat mer an engem Zäitalter vun der Digitaliséierung iwwerhaupt en Delai mussen op esou eppes setzen.

Entweeder si ass dû, well een d’Conditionn erfëllt, a ganz éierlech, wann ee sech eng Kéier ukuckt, wéi wéineg een nëmmen därerf verdéngen, fir iwwerhaupt d’AVC ze kréien! Do schwätze mer essentiellement dervun, datt et een Akommes am Stot därerf ginn, an dat Akommes därerf och nach net substanzieell méi héich si wéi de Mindestloun, well soss ass ee séier net méi eligibel. Da kann een awer higoen, an ech hunn et nogekuckt: Et sinn 2.200 Euro brutto fir eng Persoun, 3.300 Euro brutto, wann een zwou Persounen à charge huet. An da geet et weider progressiv erop. Essentiellement kann een also d’AVC just kréien, wann een nëmmen een Akommes huet oder wann déi zweet Persoun quasi fir manner wéi de Mindestloun schafft. Deementspriedend sollt een hei wierklech vill méi Flexibilitéit an Zukunft an den Dag leeën, wäit iwwert dat, wat hei an der Motioun gefuerdert gëtt, eraus. Dat hei ass eng Drëps op de waarme Steen. Dofir stëmme mir dat mat.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. Da geet d’Wuert weider un d’Madamm Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Jo. Just ganz kuerz. Ech hat meng Saache jo scho virdu gesot. Also, Här Hahn, ech verzeien lech dann, mee et ass net dat nämmelecht wéi déi aner Motioun, well mir gi méi wäit. Mir ginn dohin, genau dat, wat den Här Clement elo gesot huet, datt mir einfach soen, datt dee Montant, deen ee verdéngen därerf, einfach esou geréng ass, datt dat net méi an der Gesellschaft passt. Déi Leit kënnen einfach net méi déi zwee Bouten zesumme kréien! An dann déi 200 Euro, dat ass wierklech awer eng kleng Drëps op de waarme Steen. An dofir hu mir jo den drëtten Tired derbäigemaach, fir datt een dat wierklech soll eng Kéier op de Leescht huelen a kucken, déi Chifferen, déi Montanten do awer wierklech unzepassen - an zwar séier.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Cecchetti. Dann nach den Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Merci, Här President. Jo, ganz kuerz. Ech mengen, et ass gesot ginn: Déi Motioun hei, déi entsprécht zu engem groussen Deel och där zweeter Motioun, dat war eis. An déi geet an déi richteg Richtung. A mir mussen eppes maachen. A mir wäerten dowéinst och déi heite Motioun ënnerstëtzen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Keup.

Da kéime mer zum Vott iwwert d’Motioun Nummer 6.

**Vote sur la motion 6**

D’Ofstëmme fänkt un. Ech gesinn näischt hei. Ech gesinn näischt hei. Et ass näischt do.

**(Brouhaha)**

Nee. Elo geet guer näischt méi.

**(Hilarité)**

■ **Plusieurs voix.**- A!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- D’Ofstëmme fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

■ **Plusieurs voix.**- O!

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul*

*Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

**Motion 7**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Da kéime mer zur Motioun Nummer 7, wou et ëm den Echelonnement vun de Prime-Aidë geet. Wëllt nach een d’Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här François Benoy.

■ **M. François Benoy (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech kéint jo elo soen, déi Motioun wär superfetatoire, well mir hunn ...

**(Brouhaha)**

Mir hunn dat doten nämlech eigentlech an der Motioun 1 och scho gestëmmt. Mee lo lauschart mer gutt no. Ech soen dat, wat ech och bei der Motioun 5 scho gesot hat, ganz am Ufank, a wat eis e bëssen Diskussioun hätt kënnen erspuere virdrun: Kommt, mir huelen dat dach awer an d’Kommissioun, da këne mer nach eng Kéier driiwer schwätzen an och kucken, wéi et mat de Primme leeft. Voilà. Wat haalt Der vun där Proposition?

**(Brouhaha)**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Benoy. Ech ginn direkt d’Wuert un den Auteur vun der Motioun, d’Madamm Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Also, ganz gären an d’Kommissioun. Mee wéi gesot, mam Här Turmes, deen dat och gesot huet: zimmlech séier! Net eréischt an dräi Joer, well da brauche mer se wierklech net méi, dann ass se wierklech superfetatoire. Well ech mengen, do lafe scho Saachen an et soll eebe just séier goen an et dierf net ze laang daueren. Ech weess vu Projeten, déi lafen ... Mee bon. Et muss einfach Gas gi ginn. An et ass eis einfach wichteg, datt mer elo ganz, ganz séier ganz ville Leit hëllefen an domat dem Klima hëllefen. Voilà.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Cecchetti.

**Vote sur le renvoi de la motion 7 en commission**

Wien d’accord ass, fir dës Motioun an d’Kommissioun ze verweisen, soll d’Hand an d’Luucht halen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun an d’Kommissioun verweisen.

**(La motion 7 est renvoyée à la Commission de l’Environnement, du Climat, de l’Énergie et de l’Aménagement du territoire.)**

**Motion 8**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 8, wou et drëm geet, fir d’CO<sub>2</sub>-Steier unzepassen un den Indexmechanismus. Den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Jo. Dat ass deckungsgläich mat der CSV-Positioun op deem Punkt a mir stëmmen déi Motioun duerfir selbstverständlech mat.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech ginn d’Wuert un den Här François Benoy.

■ **M. François Benoy (déi gréng).**- Jo, dat ass deckungsgläich mat der Positioun vun de Gréngen an dofir stëmme mer déi Motioun net mat. Ech hu se virdu schonn erkläert.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Clement. Et ass him säin Aarm.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo. Also, et ass mer jo ganz sympathesch, dat do. Et kléngt op den éischte Bléck super. Mir setzen et mat an den Index an da gläiche mer et eleng duerch den Index aus. Fakt ass, datt doduerjer herno hauptsächlech de Mëttelstand, nämlech déi kleng Patronen, duerch d’Erhéijung vun de Mindestlëin respektiv vum Index generell fir d’negatiivt Konsumverhale fir de Klima mussen opkommen. Well dat heescht genau dat. Et gëtt nämlech nëmmen nach op déi, déi d’Salaire bezuelen, ofgewälzt an net méi op déi, déi d’Salaire kréien. Dat ass, mengen ech, deen éischte Problem.

Mir kéinten elo iwwert den Index nach vill méi wäit diskutéieren, well mat der Argumentatioun, déi déi gréng hei fueren: „Mir wëlle kee schiedlecht Verhalten iwwert den Index encouragéieren“, do misste mer awer och eng Kéier éierlech mat eis selwer sinn an eis ganz déif an d’Ae kucken a soen: „Ma wéi ass et da mam Tubak am Index, wéi ass et da mam staarkem Alkohol am Index?“ Ech mengen, do gëtt et eng ganz Rëtsch Pisten, wou e Staatszil u sech seet: „Mir wëlle gesond Verhalten encouragéieren a mir gläichen u sech ongesond Verhalten duerch den Index aus.“

Ech sinn hei absolutt op der Pist vun deene Gréngen an ech soen dat doten: Mir sollten net schlecht Verhalten iwwert den Index kompenséieren! Virun allem, well et géif kleng a mëttelstänneg Patronen treffen an net do, wou et muss treffen, nämlech déi Leit, déi wierklech abuséieren an déi ze vill CO<sub>2</sub> consomméieren. Mir hunn eis Propos hei virdrun duerch de Marc Goergen méi wéi kloer duergeluecht. Dofir wäerte mir déi heite Motioun och net stëmmen.

■ **Une voix.**- Macht eng Proposition!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

**(Interruption)**

Dann huet den Här Fred Keup nach d’Wuert gefrot.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Merci, Här President. Fir ganz kuerz dorop anzegoen, wat elo grad gesot ginn ass vum Här Clement: Fir verschidden, soe mer mol, schlecht Verhalten net méi ze indexéieren, dat kléngt den éischte Moment gutt. Dat ass awer och geféierlech, well ëmmer d’Fro sech stellt: Wéi wäit kann dat da goen? Well ech ka mer virstellen, dass eng ganz Partie Leit awer dann och nach weider Saache wéilten aus dem Indexkuerf eraushuelen, déi an hiren Ae schiedlech sinn. Ech kéint mer virstellen, dass et Leit gëtt, déi zum Beispill verschidden lesswuere do wéilten eraushuelen, déi schiedlech sinn. Dofir ass dat eppes, wat geféierlech ass.

Wat elo d’Motioun selwer ugeet: Soulaang wéi d’Tax net ofgeschaaft ginn ass, wat mir gären hätten, oder ausgesat ginn ass, wat mer dann och gären hätten, wäerte mir op jiddwer Fall eis derfir asetzen, dass se soll voll indexéiert gëtt! An duerfir stëmme mer hei mat Jo.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Keup. Dann huet nach den Här Energieminister Claude Turmes d’Wuert gefrot.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.**- Ech sinn e bëssen erstaunt iwwert déi Diskussioun, well mir haten als Regierung zwou Méiglechkeeten, fir déi CO<sub>2</sub>-Steier ze kompenséieren. Déi éischt Méiglechkeet wier gewiescht, datt mer se an den Index geholl hätten. Dann hätt ee fir déi, déi vill Akommes hunn, vill kompenséiert, a fir déi, déi wéineg Akommes hunn, hätt ee wéineg kompenséiert.

Mir hu bewosst deen do Choix net gemaach a mir hunn e Schrack gemaach, dee keng aner Regierung esou wäit gemaach huet an Europa: Mir hunn e Steierkredit gemaach, deen iwwerproportional déi Leit entlaascht, déi am mannste Suen hunn. Also ass dat hei eng vill méi sozial, gerecht Léisung, wéi wann s de dat an den Index gemaach häss. An duerfir ass dat, wat mir gemaach hunn, richteg. An duerfir si mer och als Regierung dergéint, dass déi heite Motioun ugehall gëtt.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Turmes. An da geet d’Wuert nach eng Kéier un den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Jo. Dat do - ech hunn lech nogelauschert, Är Argumentatioun -, dat stëmmt mech awer e bësse bedenklech. An duerfir ass meng konkret Fro un lech als Vertrieder vun der groussherzoglecher Regierung: Steet déi zu dem generellen Indexmechanismus, jo oder neen?

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Roth.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.**- Majo natierlech sti mer dozou!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An d’Wuert geet zrëck un de Minister.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.**- Natierlech sti mer dozou. An ...

**(Brouhaha)**

... a Frankräich gëtt de President Macron gelueft, well en 200 Euro verschiddene Menagen - déi, déi bis 4.000 Euro verdéngen - elo entgéintkënn an dëser Kris. An de Bensinn an den Diesel sinn a Frankräich méi deier wéi hei zu Lëtzebuerg.

■ **M. Roy Reding (ADR).**- Nach méi deier?

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.**- A mir hunn en Indexautomatismus, deen de Leit vill méi Suen erabrëngt wéi déi 200 Euro ...

**(Interruption)**

... a Frankräich.

**(Brouhaha)**





Dat heescht, dass eisen Index e ganz, ganz gudden Automatismus ass, grad an esou Situatiounen, wéi mer se elo hunn.

■ **Une voix.**- Jo.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Turmes.

Da kënnen mer elo zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 8 kommen.

#### Vote sur la motion 8

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 26 Jo-Stëmme géint 32 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, M. Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

#### 4. Dépôt d'une motion par M. Jeff Engelen

Ier mer elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour kommen, géif ech d'Wuert un den Här Jeff Engelen gi fir den Depot vun enger Motioun. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

##### Exposé

■ **M. Jeff Engelen (ADR), auteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Motioun huet net direkt eppes mat deem, wat mer elo geschwat hunn, ze dinne, mee et ass am indirekte Kontext ze gesinn. An et ass e spezifesch Punkt, deen eng Situatioun bei de Bauere ganz spezifesch opgräift.

Déi Motioun beinhalt, datt mer feststellen, datt den Äerdgas, wat e wichtegt Element ass bei der Fabrikatioun vu Stéckstoffdünger, an d'Luucht gaangen ass, ganz héich. An dat mécht ongeféier 70 % vum Präis aus, deen um Düngemëttel läit.

Duerch dës Deierecht vun dem Äerdgas ass och de Präis vum Düngemëttel, dat ass jo dann och kloer, an d'Luucht gaangen. An duersch dës Erhéijung vum Dünger, deen d'Bauern onbedéngt brauchen, ass e finanziellen Drock bei de Baueren entstanen. Aner Länner wéi zum Beispill Pole, hunn do schonn e Subsid de Baueren zougesot. An duerfir froe mir och, fir dee Subsid hei unzepassen an eisem Land.

Ech soen Iech Merci an ech géif dann d'Motioun deponeieren.

■ **Une voix.**- Très bien!

##### Motion

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest,*

*- datt an de leschte Summerméint d'Nofro fir den Äerdgas fir d'Stroumproduktioun staark an d'Luucht gaangen ass;*

*- datt duersch déi wirtschaftlech Erhuelung no der Covidkris d'Nofro fir den Äerdgas staark an d'Luucht gaangen ass;*

*- datt d'Präisdeierecht fir den Äerdgas och politesch Grënn huet, ewéi zum Beispill am Hibleck op déi europäesch Relatiounen mat Russland;*

*- datt den Äerdgas e wichtegt Element ass bei der Erzeugung vum Stéckstoffdünger;*

*- datt den Äerdgas den Ament ronn 70 Prozent vum Präis fir d'Düngemëttelen ausmécht;*

*- datt duersch d'Deierecht vum Äerdgas och de Präis fir d'Düngemëttelen staark an d'Luucht gaangen ass;*

*- datt duersch de staark erhéichte Präis vun den Düngemëttelen vill Baueren ënnert staarkem finanziellen Drock stinn;*

*- datt aner Länner, ewéi zum Beispill Polen, wéinst der Deierecht vun den Düngemëttelen de Baueren zousätzlech finanziell Ennerstëtzung ugebueden hunn,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- de Baueren, déi duersch déi massiv Deierecht vun den Düngemëttelen ënnert staarkem finanziellen Drock stinn, zousätzlech finanziell Hëllefen zoukommen ze loossen.*

(s.) Jeff Engelen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen.

#### 5. Interpellation de M. Gilles Baum au sujet de la viticulture au Luxembourg

Deen nächste Punkt um Ordre du jour vun haut ass d'Interpellatioun vum Här Gilles Baum iwwert de Wäibau hei zu Lëtzebuerg. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Octavie Modert, d'Madamm Tess Burton, d'Madamm Chantal Gary, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen.

An d'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

##### Exposé

■ **M. Gilles Baum (DP), interpellateur.**- Merci villmools, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn déi lescht zwee Deeg mam Ausseminister an och mat deene verschiddene Riedner hei um Pult den Tour duersch d'Welt gemaach - de Mëtte gi mer zesummen op d'Musel. Do ass et, besonnesch déi Zäit wou gelies gëtt, wou d'Drauwen zeideg sinn, ganz, ganz schéin. Ech géif soen, et ass eng vun de schéinste Géigenden am Land. An op der Musel ass et och vill méi friddlech a vill méi gemittlech wéi a ganz ville Géigenden op der Welt.

A well et esou gemittlech an esou friddlech ass, verpassen ech och kaum eng Geleeënheet, fir mat de Kolleegen aus der Chamber hei un de Fester deelzehuelen an och do mat hinnen e gemittleche Patt ze drénken.

Ech hunn dës Interpellatioun ugefrot, well ech der Meinung sinn, dass de Wäibau zu Lëtzebuerg eng wichteg Roll spillt, net um Punkt vum PIB eleng, mee e gehéiert zu eisem Patrimoine, e gehéiert zum Patrimoine vun eisem Land derzou. En ënnersträicht en traditionelle Savoir-faire, en Deel vu Lëtzebuerg. An en ass natierlech och en Deel vum Image vun eisem Land.

Ech fannen et och wichteg, dass mer eis hei an der Chamber reegelméisseg austauschen, fir iwwert dee Sujet ze schwätzen. An ech géif mer wënschen, dass mer déi verschidden Interessevertrieder vum Lëtzebuurger Wäibau méi oft géife gesinn, fir hinnen nozelauschteren an och gewuer ze ginn, wéi et ëm de Lëtzebuurger Wäibau steet a wéi e sech entweéckelt.

Am Kader vun de Virbereedungen op dës Interpellatioun sinn ech natierlech op d'Musel gaangen, fir mech ze informéieren. Ech wollt nämlech gewuer ginn, wou am Moment bei de Wënzer de Schong dréckt.

Dofir war ech frou an ech soe Merci de Responsabele vum Institut Viti-Vinicole, de Responsabele vun de Privatwënzer an awer och vun der Vinsmoselle, déi mech mat menge Fraktiounskolleegen, mam Gusty Graas a mam Carole Hartmann, empfaangen hunn an eis Ried an Äntwert stoungen.

Dobäi wollt ech vun deenen iwwer verschidde Sujeten eppes gewuer ginn, Sujeten, wou ech der Meinung sinn, dass se elementar si fir d'Zukunft vum Wäibau. Ech wollt ënner anerem gewuer ginn, wéi en Afloss de Klimawandel op de Wäibau huet, wéi en Afloss d'Coronapandemie op de Wäibau hat, wéi d'Vermaartung vum Lëtzebuurger Wäin evoluéiert huet a wat d'Politik ka maachen am Allgemengen, fir de Wäibau weider ze ënnerstëtzen, an natierlech och, wéi et ëm de Biowäin zu Lëtzebuerg steet.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Klimawandel ass sécherlech e Sujet, dee méi aktuell ass wéi jee: Ganz waarm Summere mat Hëtzelwellen, a Staarkreen mat Iwwerschwemmungen sinn Extreemer, déi mer och hei zu Lëtzebuerg leider während deene leschte Joren ëmmer méi oft hu mussen erliewen. Fir d'Landwirtschaft a fir de Wäibau sinn dat natierlech enorm Erausforderungen, an dofir war ech och gespaant, wat déi Concerneiert mir an de Kolleegen aus der Fraktioun doriwuer géifen erzielen.

Wann een elo mol dëse Summer ausklammert, dann hate mer virdrun dräi ganz, ganz waarm Summere mat ganz vill Sonn. D'Sonn ass natierlech gutt fir de Wäibau, d'Sonn ass gutt fir d'Drauwen. Dat brauch ech, mengen ech, heibanne kengem ze erklären. Vill Sonn bedeit nämlech en héijen Oechslegrad an den Drauwen. Fir d'Laien heibannen ënner eis: Den Oechslewäert, dat ass d'Zockerkonzentratioun, déi an der Drauf ass. Wat eng Drauf méi zei-

deg ass, wat den Zockergehalt, also den Oechslewäert, méi héich ass. An dofir ass den Oechslewäert och en Zeeche vu Qualitéit, besonnesch an nördleche Wäibaugebiddern, well just bei genuch Sonn kann d'Drauf natierlech och richteg zeideg ginn.

Vill Sonn bedeit awer och wéineg Reen, ergo de Risiko vun enger Dréchent. Anescht wéi d'Landwirtschaft brauchen d'Wéngerte generell net enorm vill Waasser. Trotzdeem ass d'Bewässerung vun de Riewen en Theema. Et sinn nämlech haaptsächlech déi jonk Wéngerten, déi genuch Waasser brauchen.

**(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)**

Mäi Kolleeg Gusty Graas hat dozou eng Question parlementaire gestallt, wéi en héieren hat, dass déi däitsch Wënzer d'Waasser aus der Musel géifen huele fir ze netzen an dass déi lëtzebuergesch Wënzer bis elo nach net d'Méiglechkeet hätten, fir och dovunner ze profitéieren.

Den administrativen Opwand, dat kënn Der Iech virstellen, ass net kleng, well een am Fong eng Autorisatioun vun Däitschland brauch an awer och vum Lëtzebuurger Ëmweltministère. An hirer Äntwert sot d'Ministesch eis, dass aktuell mat den däitschen Autoritéiten un enger gemeinsamer Approche, fir d'Waasser aus der Musel ze huelen, geschafft gëtt, an dass Aarbechtsgruppen agesat ginn, fir d'Prozeduren, fir eng Autorisatioun ze kréien, och ze vereinfachen. Et gëtt och preziséiert, dass d'Unzape vun der Musel just an dréchene Jore méiglech ass an natierlech och just, fir déi jonk Riewen ze netzen.

Jiddefalls wënschen ech mer, dass dës Prozedur elo séier ka vereinfacht ginn an dass eis Wënzer och dorobber zrëckgräife kënnen, falls si Waasser fir hir jonk Riewe brauchen.

Zu Lëtzebuerg ginn all Joer ongeféier 20 Hektar nei Wéngerten ugebaut. Dat ass net näischt. Ronn 100 Hektar jonk Wéngerte mussen zu Lëtzebuerg bewässert ginn, haaptsächlech natierlech, wéi ech gesot hunn, an den dréchene Joren.

Bei de leschte Remembrementë gouf och dorunner geduecht, Waasseropfaangbecke mat Bewässerungsanlage matanzeplangen. Dat ass a mengen Aen dee richteg Wee, well et gëtt näischt méi Effikasses a méi Nohalteses wéi eng Tröpfchenbewässerung.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, wat d'Wéngerten net gären hunn, dat ass, wann et ze vill reent. Well de Ree kann den - ech hunn ëmmer Problemer mat deem Wuert -, de Peronospora-Pilz fërdere, ...

**(Hilarité)**

... eng vun de gréisste Geforen - ech muss mer d'Wuert ëmmer dräimol virsoen, et kënn och nëmmen eng Kiéier an der Ried vir -, eng vun de gréisste Gefore fir eis Riewen. Et kritt een en nämlech quasi net gebremst an e kann enorme Schued an de Wéngerten uriichten. Wann een emol bis deen dote Pilz am Wéngert huet, dann ass et ze spéit. An dofir muss een natierlech prophylaktesch Planzeschutzmittel sprëtzen, fir d'Planze géint deen dote Pilz ze schützen.

Dir gesitt also, dass d'Klima eng enorm wichteg Roll an en enormen Impakt op de Wäibau huet: Wann d'Sonn ze vill schéngt, riskéieren d'Drauwen, e Wärmeschock ze kréien, ma ouni Sonn gi se net zeideg, ze vill Ree bréngt Krankheete mat sech. An eng aner Gefor ass de Frascht. Duerch déi méi mëll Wanteren, déi mer an de leschte Joren elo haten, war de Wanterfrascht op der Musel bal keen Theema méi. De Fréijoersfrascht kann awer genau sou geféierlech sinn. Mee deen huet sech och an de leschte Joren a Grenze gehalen.

Eng Konsequenz vun de waarme Summeren ass natierlech, dass d'Drauwe méi fréi zeideg ginn an d'Lies méi fréi kann ufänken. Dëst Joer war dat awer net de Fall. A wann een zrëckkuckt, d'Chroniken, d'Statistiken zanter 1966, do ass eis gesot ginn, dass d'Joer 2021 als e ganz normaalt Joer anzestufe wär.

Ech hunn och op der Musel nogefrot, ob duersch de Klimawandel dann elo vläicht nei Zorten ugeplanzt géife ginn, déi méi héich Temperature brauchen. An effektiv probéiere verschidde Wënzer, nei Cepagen unzebauen, an dat och mat Erfolleg. De Pinot Noir, dee kenne mer jo hei am Land scho méi laang, mee och aner Zorte wéi de Syrah, de Cabernet sauvignon, de Saint-Laurent oder de Pinotin kann een ewell zu Lëtzebuerg fannen. De Pinotin an och de Cabernet blanc sinn Zorten, déi besonnesch resistent si géint Pilzen.

Et gëtt jo ëmmer vun de Wënzer verlaangt, manner Planzeschutzmëttelen anzesetzen. Wann een dann awer wëllt, dass d'Planzen net vu Krankheete befall ginn, da muss een eeben Zorten uplanzen, déi méi resistent sinn. 80 % Planzeschutzmëttel kéint een esou aspueren. Där Zorte wäerte mer also, dovunner ginn ech aus, op der Musel an Zukunft méi fannen.

Mee ech mengen, mir kënnen awer net vun eise Wënzer erwaarden - an ech mengen, dat wär och

net gutt -, dass se elo alleguerten hir traditionell Zorten, wéi de Riesling, den Auxerrois, den Elbling oder d'Pinot-Riewen erausrappen, fir méi pilzresistent Cepagen unzebauen.

An Zukunft kéint ee sech also Cuvéeë wéi an Éisträich virstellen. Mee dofir muss et dann och scho ganz gutt waarm sinn.

Och wann eis Wënzer elo mat neie Cepagen experimentéieren, sou bleift eis Musel awer trotzdeem eng Wäilag, déi predestinéiert ass fir d'Monocepagen, déi mer säit Joerzénkten zu Lëtzebuerg kennen an och schätzen: den Elbling, de Riesling, de Rivaner, den Auxerrois, de Pinot Blanc an de Pinot Gris.

Déi waarm Summeren hunn awer och e ganz positiven Effekt. Méi zeideg Drauwe bedeiten och qualitativ méi héichwäerteg Wäiner. An dat ass jo genau dat, wat mer op eiser Musel wëllen: manner Rendement, mee dofir méi eng héich Qualitéit.

Wat vill Leit net wëssen: D'Liberaliséierung vun den Zorten op der Musel ass am Fong nach guer net laang hier. An den Här Chamberspräsident - deen elo net hanner mer sëtzt -, dee ka sech bestëmmt nach dorunner erënnere. Si war e wichtige Schratt, fir dass d'Wënzer hir Kreativitéit konnten ausliewen a sech och dem Klimawandel konnten upassen. Mee ech mengen - an do si Kolleegen hei, déi och ganz vill mat mer op der Musel ënnerwee sinn -, dass awer an Zukunft och déi Wäiner, déi mer zënter Joren a Joerzénkte schätzen a wou eis Wënzer iwwert déi lescht Joren a Joerzénkten en immens grouss Savoir-faire opgebaut hunn, predominant op eiser Musel wäerte bleiwen.

Zweet Fro: Wat war den Afloss vun der Pandemie op de Lëtzebuurger Wäibau? Ech mengen, ech veroden Iech kee Geheimnis, wann ech soen, dass déi Coronapandemie och bei de Wënzer net spurlos laanschtgaangen ass. Foiren, Wäimäert, vill traditionell Fester goufen ofgesot. D'Gastronomie war zou, Hochzäite goufen ofgesot an och d'Wäistuffe waren zou. Dat sinn alles Plazen, wou de Wënzer éischstens emol mat senge Clienten a Kontakt kënn an awer och e groussen Deel vu sengem Stock verkeeft. Wäin a Cremante gehéieren eeben zu enger Feier einfach derzou. A wa jiddwereen doheim muss bleiwen, da gëtt manner consomméiert. Et ass manner Wäi gedronk ginn. Awer wat besonnesch dramatesch war, dat ass, dass vill, vill, vill manner Cremant verkaf a gedronk ginn ass.

Den Impakt vun der Pandemie op eis Wënzer war ënnerschildlech: Déi, déi vill an d'Restauratioun verkafen, haten et méi schwéier wéi d'Wënzer, déi eng grouss Privatclientèle haten, well déi hir Wäiner awer iwwer aner Weeër konnten un de Mann respektiv un d'Fra bréngen.

D'Wënzer hunn duersch d'Kris - ass eis gesot ginn - awer och d'Virdeeler vun engem gudden Online-shop entdeckt. Verschiddener hate schonn e Shop op hirer eegener Homepage, anerer hunn dee Wee eréischt ageschloen, fir un hir Clienten ze kommen. Vill Wënzer hunn och vun der Méiglechkeet vum Letzshop profitéiert, wou se während der Pandemie gratis Member konnte ginn, fir esou hir Wäiner ze verkafen. Vill vun hinne konnten also während der Pandemie méi online verkafen, wéi dat normal de Fall ass. Mee dat ass awer bei Wäitem net duergaangen, fir déi Perte ze kompenséieren, déi age-tratt ass, well ganz vill Manifestatiounen net stattfonnt hunn.

Trotzdeem - ass eis gesot ginn - kéint ee soen, dass d'Wënzer mat engem bloen An dervukomm sinn, dëst och, well déi lescht dräi Recoltë vläicht méi kleng ausgefall sinn an de Stock souwisou méi kleng war wéi an anere Joren. Et muss een och soen, dass de Wäin an de Cremant Produite sinn, déi sech halen, déi ee ka lagere an déi net vun haut op muer schlecht sinn. An déi meescht Wënzer sinn optimistesches, dass déi Fläschen, déi während der Pandemie net verkaf goufen, an deenen nächste Méint ënnert d'Leit kommen. Eis Lëtzebuurger Wäiner si Qualitéitsproduiten, a wa se gutt gelagert sinn, dann hale se sech och e puer Joer. An déi lescht Joergäng, déi ware jo exzeptionell gutt, an dofir sollen déi sech och nach besser halen.

Här President, wéi ech mat de Kolleegen a mat de Wënzer iwwert d'Zäit während der Pandemie geschwat hunn, hat ech net d'Gefill, dass hir Existenz duersch d'Pandemie bedrot wier. Et huet een awer gespuert, dass et besonnesch de Kontakt mat de Clientë war, dee si am meeschte vermësst hunn. Als Produzent vun engem gudde Produit huet een natierlech Freed, fir esou e gudde Produit unzebidden, en Austausch mat engem doriwuer ze hunn, déi positiv Reaktiounen ze gesinn, wann een e besonnesch gudde Joergang zerwéiert. An all dës tëskemenschlech Relatiounen, déi fir en Direktverkeefer enorm wichteg sinn, si während der Pandemie ewechgefall. An dat huet de Wënzer, besonnesch de Privatwënzer, am meeschten déckgedoen.

Gott sei Dank ass eis Gastronomie erëm op. Et gëtt erëm Manifestatiounen, et gëtt erëm Concerten, Foiren, Hochzäiten, Familjefester - dat och dank ei-





sem CovidCheck. An ech war och frou, dass ech dëse September erëm mat de Kolleegen op deenen traditionelle Miseler Rendez-vousen derbäi war, wéi beim Kolleeg Léon Gloden um Maacher Wäifest, awer och zu Wuermer um Riesling Open.

Och d'Wënzer krute während der Pandemie vum Staat ënnert d'Äerm gegraff. Ronn eng Millioun Euro un Hëllef ware fir de Wäibau virgesinn. E groussen Deel vun deene Suen ass an d'Promotioun gefloss. An da kruten déi Betriber, déi eng Wäistuff hunn, 5.000 Euro, well dës Wäistuffen natierlech hu missen zoubleiwen. Grouss Kellereie konnten och vum Chômage partiel profitéieren. An och d'Cotisationne beim Fonds de solidarité goufe vum Ministère iwwerholl.

D'Vinsmoselle, déi jo niewent de Kellereien och Shoppen huet, déi och Restauratioun huet, déi och Eventer organiséiert, vun deenen hu mer gesot kritt, dass se ganz frou waren, dass de Mëtzelstandsminister Lex Delles en oppent Ouer hat fir hir Do-leancen, fir d'Doleancë vum Wäisecteur, an dass si och vun enger ganzer Rei vun Aidë profitéiert hunn.

Ech hu mer och soe gelooss, dass während der Pandemie keen eenzege Wënzerbetrib an eng Faillite gefall ass. Ech fannen dat wierklech gutt. An et kann een also behaupten, dass de Lëtzeburger Wäibau mat engem bloen An duerch dës Pandemie komm ass.

Här President, als Nächst hunn ech mech gefrot: Wéi huet d'Vermaartung vum Lëtzeburger Wäin evoluéiert? 2017 hat den deemolege Landwirtschaftsminister Fernand Etgen d'Strategie presentéiert, déi de Wee weise soll, wéi de Lëtzeburger Wäin an Zukunft besser soll promouvéiert ginn. D'Basis fir dës Strategie war eng extern Etüd, déi de Ministère an Optrag ginn hat. Zesumme mat de Leit vum Terrain, dat heescht mat de Privatwënzer, der Vinsmoselle an dem Wäinhandel, goufe strategiesch Marketingobjektiver an en Aktionsplang mat 17 Punkte festgehalten.

Eng Konkusioun vun dëser Etüd war, dass eis Wäiner heiheem an och dobaussen net visibel genuch sinn. Et soll een op den éischte Bléck kënne gesinn, kënnen erkennen, dass et eng Fläsch vun der Musel ass, wann ee se gesäit. Dofir gouf och den AOP-Logo mam Roude Léiw ersat duerch en neie Logo, inspiréiert vum X, deen Der kennt vum Nationbranding „Let's make it happen“. Dësen neie Logo wäert an Zukunft op all Stopp vun de Lëtzeburger Flä-schen ze fanne sinn. Fir elo schonn ze soen, ob dës Strategie hiert Zil erreecht, dat ass, mengen ech, nach e bësse fréi. D'Wënzer hunn nach Zäit, fir deen neie Logo op hir Flä-schen ze setzen, a bis dohinner kënne se natierlech hire Stock mat deenen ale Stëpp verkafen.

E Logo, deen op alle Flä-schen ze fannen ass, e Genre Corporate Identity, ass wichteg fir esou e klengt Wäibagebitt wéi Lëtzebuerg. Besonnesch och fir den Export ass et wichteg, dass een erkennt, dass de Wäin oder de Cremant vu Lëtzebuerg ass. Eis Produite sollen och als Qualitéitsproduit verkaf ginn. An deen neie Logo soll deemno och fir d'Qualitéit vun heiheem stoen. An Éisträich hu se dat doten och gemaach, mat engem neie Labeling, a si hunn domadder ganz, ganz vill Erfolleg.

Fir e gudder Marketing brauch een natierlech och finanziell Moyenen. Dat ass och aus där Etüd eraus-gaangen. De Ministère huet dowéinst och seng finanziell Ënnerstëtzung fir de Marketing erhéicht. Elo gëllt et nach, dat Ganzt a Musek ëmzesetzen.

Mat de Privatwënzer, der Vinsmoselle an dem Wäinhandel sinn dräi Acteure am am Boot, déi awer zum Deel ënnerschiddlech Zilgruppen uschwätzen. Déi nei Strategie huet also missen de Spezifis-sitéite vun deenen dräi entgéintkommen an eng Ligne commune festleeën, wéi een eis Wäiregioun am beschten als e Ganzt vermaarte kann. Dat war sécherlech net einfach, mee ech mengen, dass et scho Sënn mécht, wann een d'Manpower an déi finanziell Mëttele bëndelt, wann een déi zesumme-leet. Dat ass wichteg, fir e professionellen an och e kohärente Marketing ze maachen. Do huet eebe jiddweree missen e bësse Waasser a säi Wäi schëdden.

Et gouf och decidéiert, dass de Marketing fir den Export sech op verschidde Länner soll beschränken. Als klengt Land mat begrenzte finanzielle Mëttele kann een eise Wäin natierlech net iwwerall promouvéieren, mee et muss ee sech op déi Marchée konzentrieren, wou am meeschte Potenzial dr-stécht. Ech géif mengen, dass mer hei nach kënne Efforte maachen an dass mer solle konsequent mat deenen Ambassaden, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, méi zesummeschaffen.

Mir maache jo elo och eng Ambassade an Irland op, an et ass mer gesot ginn, dass do effektiv och eng grouss Demande wär, fir Wäin ze drénken, well se selwer keen ubauen. An ech mengen, dass mer sollten Efforte maachen, fir Irland vläicht als eent vun deene Länner unzegesinn, wou mer méi staark wëlle present ginn, an dann natierlech och déi skandinavesch Länner, och de schweedesche Marché - do ass et zwar e bësse méi schwéier, fir Fouss ze

faassen -, mee och Dänemark, Finnland, Norwegen. Ech mengen, dass mer eis vläicht sollte méi staark op déi skandinavesch Länner an op Irland konzen-tréieren.

D'Fro vum Marketing ass och: Wie spriechen ech un? Schwätzen ech nëmmen d'Lëtzeburger un? Schwätzen ech d'Ausländer un, déi hei zu Lëtze-buerg wunnen? Oder schwätzen ech och nach déi Leit aus der Groussregioun un?

Abee, wie mengt, dass een d'Lëtzeburger net bräicht unzeschwätzen, well déi jo souwisou de Wäi vun der Musel drénken, dee läit falsch. Et gëtt nach ëmmer Lëtzeburger, déi mengen, op der Musel géif nëmme sauere wäisse Wäi produzéiert ginn, an dofir kafen och nach ëmmer Lëtzeburger léiwer e wäisse Wäin aus dem Ausland. Ech kann lech soen, dass dat net de Fall ass! D'Zäiten, wou een an engem Café e rappegen Elbling oder Rivaner gedronk huet, déi si passé. D'Qualitéit vun eise Wäiner ass an deene leschte Joren enorm geklommen, net nëmme beim Elbling, Rivaner, Auxerois, mee besonnesch och bei de Pinoten an de Rieslingen. An ech mengen, déi kënnen et mat ganz villen auslän-nesche Wäiner ophuelen an déi zielen och mëttler-weil zu deene beschten op der Welt.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP), interpellateur.** - Dofir muss een déi Lëtzeburger, déi nach ëmmer Virurteeler hunn, iwwerzeegen, emol erëm eng Kéier e gudder Lëtzeburger Wäin ze schmaachen. An eng gutt Geleeënheet, fir dat ze maachen, déi bitt sech déi nächst Woch Freideg, Samschdeg, Sonndeg um Glacis, wou e grousst Zelt wäert stoen a wou, wann ech richtig informéiert sinn, ronn 50 Lëtzeburger Wënzer hir Wäiner a Cremante wäerte presentéieren. An ech mengen, dass dat fir jiddwereen eng gutt Geleeënheet ass, fir do laanschtzegoen an emol erëm matzeschmaachen.

Eis Bevëlkerung hei zu Lëtzebuerg ass multikulturell. Vill Leit, déi vu méi wäit an och vun no op Lëtzebuerg schaffe kommen, déi wësse mol guer net, dass mer e Wäibagebitt hunn. Déi mussen eis Wäiner eréischt kenne léieren. An dofir mussen mer eis Cam-pagnë verstärkt och vläicht op Däitsch, Englesch, Franséisch a souguer op Portugisesch maachen. Jo, ech sinn der Meenung, dass ee muss versichen, déi ganz Lëtzeburger Populatioun unzeschwätzen. An dat ass net ëmmer einfach, mee et fonctionéiert, och beim Cremant. An ech weess, dass de Lëtzeburger Cremant besonnesch och bei der portugisescher Communautéit ganz, ganz gutt ukënn.

Nieft de Produite vun der Musel gëllt et natierlech och, eis Wäiregioun als Tourismusdestination ze promouvéieren - Stéchwuert Önotourismus. An de leschte Joren hu vill Wënzer hir Wäistuff renovéiert oder eng nei gebaut. Elo gëllt et natierlech, derfir ze suergen, dass mer och Touristen op d'Musel kréien. D'Musel ass jo awer nëmmen e Kazesprong vun der Stad ewech.

Leider feelt et op der Musel nach ëmmer u Schlof-geleeënheeten. En Hotel zu Briedemes huet zwar gewot ze investéieren, huet de Schratt gemaach. An ech mengen och, dass dat sech definitiv gelount huet. Mee ech fannen, mir bräichten awer nach een oder zwee weider Hoteller op der Musel. Et feelt och u Schlofgeleeënheete bei de Wënzer selwer. Et ass net, dass si et net wëilten ubidden, mee eist Naturschutzgesetz léisst awer do leider net ganz vill zou. Ech fannen, et misst, ënner strenge Kon-ditionen natierlech, awer méiglech sinn, e puer Zëmmer niewent der Wäistuff kënne ze bauen.

Verstitt mech net falsch: Ech wëll wierklech net, dass mer grouss Hoteller sollen an d'Wéngerte bauen. Dorëms geet et mer mat Sécherheet net. Mee e puer Chambres d'hôtes niewent de Kelle-reien, sou wéi een dat an Italie fënn beim Agri-turismo, ech mengen, dat wär e groussen Atout an e groussen Unzéiungspunkt, fir den Tourismus op eiser Musel weider ze beliewen. Do gëtt et och Iddie vu „logements insolites“, déi an de Wéngerte kënne opgestallt ginn, zum Beispill e grousst Wäi-faass, déi keng Fondatioun brauchen, déi net fest agesat ginn, déi also dann och net ënnert d'Natur-schutzgesetz falen. Eng flott Infrastruktur an der Natur, dat kennt Der zu Remerschen: de Biodiver-sum. Mee och do feelt et u Schlofgeleeënheeten, zum Beispill grad, wa Schouklasse méi laang dohinner sollen op den Ausfluch kommen.

Här President, eppes wat de Wënzer natierlech och ganz wichteg ass, dat ass: Wat kann d'Politik maachen, fir de Wäibau zu Lëtzebuerg weider ze ënnerstëtzen? Bei de Wënzer ass et am Fong op engem Punkt net ganz vill anescht wéi bei de Baue-ren: Si mussen vill Zäit am Büro verbréngen, fir ad-ministrativ Aarbechten ze erleedegen. Ouni dat geet et leider net. An ouni dat gëtt et natierlech och keng Subsiden. Et ass awer wichteg, dass déi ad-ministrativ Hürde weider ofgebaut ginn, fir dass de Wënzer sech ëm dat ka këmmen, wat säi Beruff ass, nämlech: gudder Wäin a gudder Cremant ze pro-duzéieren. Villes kann een elo schonn iwwer guichet.lu erleedegen. A fir déi Wënzer, déi net esou gutt mat der Informatik eens ginn, steet och den Institut viti-vinicole bereet fir ze hëllefen.

Wéi mer fir d'lescht hei an der Chamber iwwert de Wäibau diskutéiert hunn, du war grad decidéiert ginn, dass een d'Schenkelen an d'Holzpéil net méi direkt am Wéngert kéint verbrennen. Dat hat bei de Wënzer fir grouss Onrou gesuergt. An dofir sinn ech frou, dass ech matgedeelt kritt hunn, dass dofir eng Léisung fonnt ginn ass: D'Ëmweltverwaltung ass fir d'Käschen opkomm fir d'Ewechhuele vun de Schenkelen an de Landwirtschaftsministère huet derfir gesuergt, dass d'Péil agesammelt gi sinn.

Elo hu mer awer héieren, dass dës Léisung just bis Enn des Joers géif gëllen. An dofir wëllt ech gär vum Här Minister wëssen, wéi et ab 2022 weider-geet. An ech hoffen, dass och fir déi nächst Joren erëm eng Léisung mat de Wënzer fonnt gëtt.

En anere Punkt, deen de Wënzer ganz vill Kappzer-brieches mécht, dat ass d'Bauen an der Gréngzon. Ech hat et scho gesot, ech plädéieren net derfir, dass egal wat kann an de Wéngerte gebaut ginn, mee ech fannen, dass, wann een et engem Wënzer erlaabt, an der Gréngzon ze bauen, hien och dat muss baue kënne, wat e wierklech brauch, fir an-stänneg a vernünfteg schaffen ze kënne. Et misst a mengen Aen also méiglech sinn, all déi néideg Ins-tallatiounen kënne ze bauen, déi indispensabel sinn, fir d'Produktioun vum Wäin a vum Cremant kënne ze garantéieren. An och Wäistuffe missten do méiglech sinn. Et gëtt dach näischt méi Flottes wéi eng flott Degustatioun direkt an engem Wéngert!

Deem neie groussherzogleche Reglement no soll nach just een Hangar an der Gréngzon méiglech sinn. Produzéiert de Wënzer awer Wäin a Cremant, sou huet en e Problem. Wéi ech virdru gesot hunn, sinn ech der Meenung, dass et och misst méiglech sinn, Schlofgeleeënheeten niewent enger Wäistuff an der Gréngzon kënne ze bauen. Kee risegen Ho-tel natierlech - ech ënnersträichen dat nach eng Kéier -, mee e puer Zëmmeren, wou d'Clienten, awer och d'Saisonnieren, déi an d'Lies hëllef kommen, kéinte schlofen.

(*Brouhaha*)

■ **M. Léon Gloden (CSV).** - Dir musst eis Amende-menter stëmmen, Här Baum!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Am Naturschutzge-setz ... Dir stëmmt ëmmer dergéint, wa mer dat do froen.

■ **M. Gilles Baum (DP), interpellateur.** - À propos Saisonnieren ... Da frot emol nach eng Kéier!

(*Hilarité*)

À propos Saisonnieren: Déi lescht Joren ass et net nëmme méi schwéier ginn, fir Saisonnieren ze fan-nen, fir an der Lies ze schaffen, mee et ass och méi schwierig ginn, fir se unzemellen. Dorunner „wär“ - ech schwätzen am Conditionnel - Bréissel schold, kréien d'Wënzer gesot. Mee si sote mer awer och, dass et an Däitschland, déi Säit der Musel, vill méi einfach wär. Och si mussen sech jo awer un déi Bréisseler Dispositionen halen. An dofir wollt ech vum Här Minister wëssen, wat déi däitsch Autoritéi-ten anescht maachen a firwat déi däitsch Wënzer man-ner administrativ Hürden hunn, fir hir Saison-nieren unzemellen.

En anere Sujet ass dat neit Dechetsgesetz, dat um Instanzewee ass. Do héiert een, dass, wann dat géif an där Form gestëmmt ginn, et schwierig bis onméiglech wär, fir nach Wäin- a Cremantsflä-schen op engem Fest opzemaachen an ze zerwéieren, well dat keng Mehrwegflä-sche sinn. Ech wollt den Här Minister froen, ob e wéisst, ob et an deem dote konkrete Punkt en neie Moment gëtt.

Mir hu jo an Europa e fonctionéierende Banne-maart. Bei der Zuloossung vu Planzeschutzmët-telen schéngt et awer un Harmoniséierung ze feelen. Déi Quantitéiten, déi zougelooss si fir ze sprëtzen, variéiere vu Land zu Land. An och d'Nimm vun de Mët-telen, déi zougelooss sinn, sinn net déi sel-wecht an Däitschland, Frankräich an zu Lëtzebuerg. Dat ass fir d'Wënzer, déi am Dräilännereck schaffen an och emol Wéngerten déi Säit der Grenz hunn, schwierig ze verstoen an ëmzesetzen.

Här Minister, hei wollt ech froen: Kënnst Der mer er-klären, firwat aner Konditiounen zu Lëtzebuerg wéi an den Nopeschlänner gëllen? A kéint een do net op de Wee goen, déi selwecht Konditiounen fir all d'Wéngerte laanscht d'Musel festzesetzen? Mir schwätze jo oft vun enger Groussregioun, vun enger fonctionéierender Groussregioun. An ech men-gen, hei wär en Usaz, dee ville Wënzer d'Liewe géif méi einfach maachen.

E ganz aktuell Thema fir d'Wënzer ass och dat neit Agrargesetz, dat virun der Dier steet. Esou héiert een, dass d'Hektarprimm fir d'Wënzerbetriber an Zukunft soll op 140 Euro den Hektar erfogoen an esou un de Jeton géif ugepasst ginn, deen och an der Landwirtschaft ausbezuelt gëtt. An der Zäit kruten d'Wënzer 510 Euro, am Moment sinn et der 380. Wann ee se elo mat der Landwirtschaft gläichsetzt an nach just 140 Euro bezitt, wuel wëssend, dass e Wënzerbetrib duerchschnëttlech vill man-ner Hektar bewirtschaft wéi e landwirtschaftleche Betrib, dann, mengen ech, kënnst do e grousser Manque à gagner op eis Wënzer duer.

Här Minister, wéi gedenkt Der, dass d'Wënzer dat doten herno solle kompenséieren? Och d'Subven-tiounen fir Trakteren an Ausiiderhäff missten a mengen Aen no uewen ugepasst ginn, fir der Präis-deierecht gerecht ze ginn. Ech weess, dass d'De-tailer fir dat nächst Agrargesetz nach net stinn, mee vläicht kann den Här Minister eis awer soen, ob de Jeton fir d'Wënzer definitiv op 140 Euro soll erfogoen a wat geplangt ass, fir eise Wënzer an Zu-kunft ënnert d'Äerm ze gräifen.

En anere wichtige Sujet, deen eis Wënzer interes-séiert, ass de Pensiounsregimm. Do gëtt et zanter Jore verschidden Inkohärenzen, an am Koalitiouns-accord gouf och festgehalten, dass dës aus dem Wee solle geraumt ginn. De Wënzerberuff ass haart an dofir sinn ech der Meenung, dass all d'Wënzer och eng adequat Pensioun verdéngt fir dat, wat se geschafft hunn, egal ob se Privatwënzer sinn oder ob se an d'Kooperativ geliwwert hunn. Kann den Här Minister eis och vläicht zu deem dote kon-kreete Punkt eppes soen?

Déi meescht Wënzer hunn och mëttlerweil eng Wäistuff, wou se de Leit hir Produite kënne presen-téieren. Dës ginn awer weeder als Restaurant nach als Café ugesinn. Leider gëtt et säit Joren nach ëm-mer kee klore Kader fir d'Salles de dégustation. Och hei versprécht de Koalitiounsaccord, e legale Kader ze schafen, fir dass d'Wënzer wëssen, wat se dārfen a wat se net dārfen. Och hei, Här Minister, mengen ech, wāre mer vläicht frou, wa mer kéinten e puer Explikatiounen kréien.

Ech hat 2019 eng Question parlementaire gestallt fir ze froen, wéi vill Wéngerten hei zu Lëtzebuerg broochleien. Ech krut geäntwert, et wāre 57 Parzel-len, déi net bewirtschaft ginn, mat enger Gesamtsu-perficie vu 7,2 Hektar. Do sot Der lech: „Dat ass jo net schlëmm, dat ass jo bestëmmt gutt fir d'Bio-diversitéit.“ Leider ass et esou, dass déi Frichen, déi broochleien, immens geféierlech si fir déi Wénger-ten, déi niewendru leien. An engem Wéngert, deen net bewirtschaft gëtt, kënne ganz séier Krankhee-ten entstoen an déi riskéieren natierlech, sech aus-zebreeden op e gesonde Wéngert. Do muss een op-passen.

Anescht wéi bei der Landwirtschaft ass et einfach, sech e puer Ar Wéngerten derbäizekafen. Et han-delt sech awer oft ëm Wéngerten, déi schwéier mam Trakter ze erreeche sinn, wou also vill muss mat der Hand gemaach ginn. Wéi gesot, et si 7,2 Hektar fräi. Avis aux amateurs! Hei sinn och Quer-einsteiger wëllkomm. Wann ee sech wëll den Dram vum eegene Wéngert erfüllen: Et sinn der disponi-bel. Dir kënnst lech beim Institut viti-vinicole mellen.

Ech gesinn, meng Zäit leeft fort, Här President. Ech hunn awer eng Motioun, da kënnst Der mer wannech-gelift déi Zäit, wann Der wëllt esou fein sinn, schonn derbärechnen.

E puer Wuert zum Schluss zum Biowäin ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Ech mengen, Dir sidd jo och deen eenzege Sprie-cher. Ausser dem Interpellant ass jo kee vun der DP, ...

■ **M. Gilles Baum (DP), interpellateur.** - Nee, nee.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - ... deen nach intervenéiert?

■ **M. Gilles Baum (DP), interpellateur.** - Nee.

(*Brouhaha*)

Et muss ee wëssen, dass op eiser Musel scho laang keng Insektizide méi benotzt ginn. Et ass jo och esou, dass e Biobetrib och sprëtze muss. Statt Planzeschutzmët-tel gëtt do Koffer agesat. De Pro-blem ass just, dass jo déi autoriséiert Mengen u Koffer, déi dārfen gesprëtzt ginn, stänneg erfoginn. Dat mécht de Biowënzer d'Liewen net méi einfach. An dofir bauen der och vill pilzresistenten Sorten un an da ka man-ner gesprëtzt ginn.

De Biowënzer ass awer generell méi dacks ënner-wee fir ze sprëtze wéi e Wënzer, dee seng Wéngerte konventionell bewirtschaft. Et ass also vill méi Aar-becht a verschiddener soen, wa se 17-mol misste sprëtze goen an e Wéngert, da géife se natierlech och 17-mol den Trakter benotzen a 17-mol CO<sub>2</sub> aus-stoussen, wat der Ëmwelt dann och net onbedéngt ganz féerderlech ass. Et muss een och wëssen, dass nieft dem Glyphosat vill aner Planzeschutzmët-telen am Wäibau verbuede goufen an dass och déi konventionell Wéngerten hautdesdaags vill méi no-halteg bewirtschaft gi wéi vläicht nach virun 20 Joer. An ech mengen, ob bio oder konventionell, e Wënzer kann haut seng Leit mat rouegem Gewës-sen an d'Wéngerte schécke fir ze schaffen.

Genau wéi bei der Landwirtschaft sinn d'Präisser, déi e Produzent fir säi Méiopwand kritt, net vill méi héich. Esou kritt de Wënzer fir eng Flä-sch Biowäin net vill méi wéi fir eng Flä-sch aus konventionellem Ubau. An anescht wéi beim Uebst a beim Geméis ass d'Demande fir de Biowäin am Moment och nach net esou immens grous.

Dat alles si Grënn, firwat bis ewell wéineg Wënzer op de Biowäin ëmgeklomme sinn. Momentan sinn et der sechs, déi dat haaptberufflech maachen, an





am Schnëtt kënn all Joer een derbäi. Dir gesitt also, mir sinn nach wäit ewech vun 100 % Biowäin op der Musel. Jiddefalls hu mer zu Lëtzebuerg genuch Beroder, déi de Wënzer beim Ëmklamme conseilléieren an och encadréiere kënnen.

Eng gutt Saach fannen ech och, dass, wann e Wënzer wëll op Bio ëmklammen, hien net muss all seng Wéngerte biologesch traitéieren. Hie kann decidéieren, dat just mat enger Zort ze maachen, an esou kënn en da vläicht mat der Zäit op de Goût.

Et kann een also soen, dass déi Wënzer, déi Biowäi produzéieren, dëst aus Iwwerzeegung maachen. Allgemeng ass en Trend zum Bio ze erkennen, mee beim Wäibau ass dat nach bei Wäitem net esou prononcéiert wéi bei de Liewensmëttel. Vläch kënn dat nach. Jiddefalls hunn ech awer gespuert, dass, wann d'Demande vum Marché op eemol do wär, d'Wënzer bereet wären, dee Wee matzegoen.

Här President, erlaabt mer, zu de Konkusiounen ze kommen. De Konsument drénkt manner, mee besser. Dat ass gutt, well et passt an d'Strategie vun eise Wënzer: manner Rendement, dofir awer vill méi eng héich qualitativ Produktioun vu Wäiner a vu Cremanten. Eis Cremante kënnen mëttlerweil absolut mat der auslännescher Konkurrenz mathalen, och beim Präis. Elo gëllt et nach just, d'Leit hei am Land an och iwwert d'Grenzen eraus ze iwwerzeegen, déi nach net wëssen, dass mer esou gutt Wäiner a Cremante produzéieren, ganz nom Motto: „Le petit pays des grands vins“.

Fir administrativ Hürden ofzebauen an de Wënzer déi adequat Hëllef unzibidden, déi se brauche fir ze produzéieren, dofir ass eise Landwirtschafts- a Wäibauminister zoustänneg. Dofir erhoffen ech mer vum Här Schneider e puer positiv Äntwerten op déi Froen, déi ech him gestallt hunn.

Zum Schluss widderhuelen ech nach eemol de Message, dass et Wéngerte gëtt, déi broochleien an déi nei Propriétaire sichen. Wann also een heibannen interesséiert ass, fir säin eegene Wäin ze produzéieren, dann ass e willkomm. Dir kënn lech do engagéieren. De Gusty an ech hate mam Gedanke gespillt, mee eis Fraen hu gemengt, mir sollten d'Fangeren am Moment emol nach dovun ewechloossen.

#### (Hilarité)

Den nächste Freideg, den 19. November, geet d'Fête des vins et créments un um Glacis, ech hunn et gesot. Do wäerte ronn 50 Wënzer hir Produiten ubidden. An ech mengen, si wäer ganz, ganz frou, wann der ganz vill vun eis deen Owend Zäit hätte fir dohinnerzekommen an och Interessi géife weisen, net nëmmen un hirem Beruff, mee haaptsächlech un hire Produiten.

Dëst gesot, schléissen ech emol eng kéier net traditionell of, mee ech géif soen: Prost op eis gutt Lëtzebuurger Wäiner a Cremanten! Prost op eis Wënzer! A Prost op eis Musel!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP), interpellateur.**- An ech erlabe mer dann nach, Här President, eng Motioun ze hannerleeën. Wannechgelift.

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

- *soulignant l'importance de la viticulture pour le Luxembourg, tant au niveau économique, touristique que culturel ;*

- *saluant le progrès au niveau de la qualité des vins et créments luxembourgeois au fil des dernières décennies ;*

- *constatant que le secteur viti-vinicole a été profondément touché par la pandémie du Covid-19 ;*

- *saluant que le Gouvernement a mis une panoplie d'aides à disposition des viticulteurs afin de surmonter cette pandémie ;*

- *saluant qu'une stratégie de développement des vins luxembourgeois a été présentée par le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural ;*

- *considérant la volonté du Gouvernement de faciliter le tourisme rural et la création de gîtes ruraux dans le respect de la loi sur la protection de la nature ;*

- *convaincue que les salles de dégustation sont une plus-value, tant au niveau de la promotion et de la vente de produits viticoles que pour l'attractivité de la Moselle comme destination touristique ;*

- *constatant qu'il existe des incohérences au niveau des régimes de pension des viticulteurs ;*

- *observant que le changement climatique a un effet non négligeable sur la viticulture ;*

- *considérant que le Gouvernement s'est engagé à promouvoir des modes d'exploitation agricoles durables qui préservent la biodiversité et protègent les ressources en eau et la fertilité des sols en limitant l'usage de pesticides ;*

- *notant que le plan d'action national de promotion de l'agriculture biologique a pour objectif d'atteindre*

*20 % des surfaces agricoles du Luxembourg exploitées en agriculture biologique à l'horizon 2025,*

*invite le Gouvernement à*

- *garantir la mise à disposition de moyens nécessaires pour promouvoir efficacement le secteur viticole luxembourgeois, tout en considérant les spécificités des différents producteurs ;*

- *soutenir le Fonds de solidarité viticole dans la mise en œuvre des conclusions tirées de la stratégie de développement des vins luxembourgeois ;*

- *mettre en place un cadre légal clair pour les salles de dégustation ;*

- *achever au plus vite le Centre mosellan à Ehnen, ainsi qu'à promouvoir l'œnotourisme en général ;*

- *éliminer les incohérences existantes au niveau des différents régimes de pension des viticulteurs ;*

- *continuer à promouvoir la viticulture durable et biologique, notamment dans le cadre du PAN-Bio 2025 ;*

- *poursuivre ses efforts pour une viticulture toujours plus durable, notamment en promouvant des cépages plus résistants aux maladies et ne nécessitant pas de traitements phytosanitaires.*

(s.) Gilles Baum, Tess Burton, Georges Engel, Chantal Gary, Carole Hartmann.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci. Dat war en dréchene Prost. En „Trockenprost“!

■ **M. Gilles Baum (DP), interpellateur.**- Ech maachen dat herno gutt ...!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci dem Interpellant.

An éischt ageschriww Riednerin ass d'Madamm Octavie Modert, fir d'CSV. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

#### Débat

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Merci, Här President. De Lëtzebuurger Wäin an de Lëtzebuurger Cremant sinn nohalteg Qualitéitsprodukter. Héich Qualitéit, gutt Präis-Leeschtings-Verhältnis, transparent Präisschéier, Proximitéit, lokal produzéiert, mat kuerze Weeër vum Wéngert an de Keller a bei de Konsument: Dat zeechent eis Wäiproduktioun elei am Land aus. Dat si keng Schlagwierder, dat ass Realitéit!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Wäibau präägt eis Landschaft, en ënnerhält d'Natur an en ass en Atout fir den nationalen Tourismus. E gëtt ville Mënschen a Familijen eng Aarbecht, direkt sougutt wéi indirekt. An et ass dofir e wichtege Faktor vu Wirtschaftsdiversifikatioun fir d'Lëtzebuurger Économie an e groussen Arbeitgeber am Osten, enger Regioun, déi soss ëmmer méi strukturschwaach gëtt.

De Wäibau spillt, wéi Dir gesitt, eng villfältig Roll zu Lëtzebuerg. Et ass e Kulturgutt a joerhonnertenale Beruff, deen et zanter de Réimer bei eis gëtt. Wënzer ze sinn ass ee schéine Beruff! D'Wënzer maachen e gär. Léift zur Natur, Léift zum Wéngert a sengem Produkt vun der Natur, dem Wäin: Bref, si hunn eng positiv Astellung zu hirem Beruff a si maachen eis Freed mat hirem gudde Produkt!

D'Passioun hu se selwer, awer si brauche Perspektiven. Déi wichtegst Perspektiv fir d'Wënzer ass natierlech, datt se vun hirer Aarbecht liewe kënnen, soss kann d'Léift vum Beruff an zum Beruff op d'Längt net iwwerliewen. Dat ass also éischt Prioritéit.

Et gëtt mëttlerweil just nach 20 % Lëtzebuurger Wäin zu Lëtzebuerg gedronk, géint 80 % auslännesche Wäin. Véiermol sou vill auslännesche Wäi gëtt op Lëtzebuerg importéiert an hei konsuméiert wéi Lëtzebuurger Wäin! Am eegene Land!

An de leschte véier Joerzénge huet sech d'Bevëlkerung vun eisem Land praktesch verduebelt, awer beim Ofsaz vum Wäin hei am Land huet een an där selwechter Period net déi selwecht Tendenz no uewe kënnen feststellen. Dobäi ass et kloer, datt et hei am Land e Maart mat considerablem Potenzial gëtt, dat allerdéngs haut gréisstendeels duerch Import ofgedeckt gëtt. Deemo ass den interne Maart geziilt ze bewerben fir eis, jo awer schliisslech kleng a fei Lëtzebuurger Wäin- a Cremantsproduktioun.

Jo, mir sinn haut op deem Punkt, wou mer am Land müssen eng ganz grouss Strategie bréngen, fir e Gesamtmarketing ze maachen. Eng nei Strategie gëtt gebraucht. An d'ëffentlech Hand muss beim Gesamtmarketing aktiv ginn a massiv investéieren, fir d'Wënzer beim Ofsaz vun hirem Wäin a Cremant ze ënnerstëtzen. Et geet net méi duer mat punktueller Klengen Interventiounen oder Gadgets. Dofir huet ze vill geännert mam Réckgang vum Konsum vum Lëtzebuurger Wäin an der Lescht an och nach mat de Covidowéien. Mir brauchen eng groussugeluecht Marketingcampagne mat enger Gesamtstrategie vu Seduction a vu Sensibilisatioun mat substanzuelle Mëttelen, déi d'Regierung aus dem Staatsbudget zur Verfügung stelle muss, an net aus dem Dëppe vum Fonds viticole därfe huelen.

D'Zilgruppe sinn natierlech auslännesch Matbierger sougutt wéi agesiesse Lëtzebuurger, Expats an d'Generatiounen Y an Z, d'Generations „Why and especially Zäd“, fir datt si op d'Existenz an op d'Virdeeler vun der Lëtzebuurger Wäin- a Cremantproduktioun opmierksam gemaach ginn, dëst ëmsou méi wéi eise Wäibau an de vergaange Jore resolutt de Wee vun der Qualitéit an net dee vun der Quantitéit gaangen ass.

Et geet ëm zwou weesentlech Froen: Wéi gestalten ech den Image vum Wäin? A wéi brénge mer en engem méi breede Publikum hei méi no? Dat si strateegesch Iddien, déi ee geziilt muss entwerfen an duerno konzentréiert a gebündelt ëmsetzen. An dofir brauch et och Geschlossenheet vun de verschiddenen Acteuren, eng gemeinsam Visioun vun deem, wat ee wëll erreechen, déi noutwendeg Mëttelen an d'Bündelung vun dëse Mëttelen souwéi eng professionell Ënnerstëtzung; net hott an har Marketingoperationen ze starten, déi verpuffen.

Mir hunn ee grouse Virdeel an der Hand fir de Lëtzebuurger Wäibau: d'Kaart vu „buy local“. Mir hu flott a besser Alternativen zum Chardonnay aus Iwwerséi. Hei hu mir eng kleng Produktioun a si ass net groussflächeg a mir brauche keng 24 Fluchstonnen hannerd de Wäin ze bréngen, éier en hei am Regal steet. Mir hunn och gutt Alternativen zu belibige Produkter aus Frankräich, wat just besser klénge, awer net besser schmaacht. Do ass e gudde Wäi vun der Musel net nëmme méi authentesch, mee och méi nohalteg.

Vum Lëtzebuurger Wäin a Wäibau hei am Land ausgeend, kann d'Strategie dann dem gesamte Gastromiesektor déngen a spéiderhin eng weiderféierend Tourismusstrategie opbauen: Lëtzebuerg als e klengt an also exotescht Genossland. Als klengste Wäibauland kënnen mir op d'Argument vun der Eenzegeartegkeet setzen! Net ofgedroschen à la „small is beautiful“, mee rar an eenzegearteg an deemno exotesch. Exotesch, regional an nohalteg. An ausserdeem eng grouss Diversitéit. De Lëtzebuurger Wäin ass keen Eenheitsprodukt. Mir müssen eise Wënzer eng wirtschaftlech Perspektiv ginn.

2016, virun exakt fënnef Joer, hat ech heibannen eng Schmaachstoff an der Stad virgeschloen, eng Wäilounge mat Lëtzebuurger Wäiner an anere Produkter du terroir. Éischt Schrëtt waren deemools ënnerholl gi vum virege Minister Etgen, sinn awer duerno aus gewëssen Ursachen nees falegelooss ginn. Et wär un der Zäit, Här Minister, dee Vorschlag nees opzegräifen a weiderzeféieren. Ech erënneren drun, datt et den eestëmmege Wonsch vun der Chamber war, well meng Motioun vun der ganzer Chamber matgedroe gi war - an dat 2019, als Rapell nach eng kéier. Et ass also Zäit, d'Initiativen nees hei opzegräifen.

Et wär natierlech en Attraktiounsfaactor, och fir den auslänneschen Tourismus. En Aha-Erlebnis vun Eppes-Neies-kenneléiere matzen an der Stad.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Esou eng Wäilounge mat regionale Produkter, och aus Handwierk, Konscht a Kultur, wat een alles mateneen zesumme verbanne kann, muss mam Secteur an och mat aneren Acteuren aus dem Tourismus, aus dem Citymanagement ugaange ginn.

Ech hat am gläichen Otemzuch e Vorschlag fir eng Maison du vin et des produits du terroir zu Bréissel gemaach - och dee war vun der ganzer Chamber gedeelt ginn -, well och nom Export muss gekuckt ginn. D'Belsch ass a bleift schliisslech dee gréissten Exportmaart fir de Lëtzebuurger Wäin! A firwat in die Ferne schweifen, wann e grousst Potenzial bei den Nopere läit?

Här Minister, et waren eestëmmege Motiounen vun der Chamber, a mir hunn dëst Joer 30 Joer Lëtzebuurger Cremant. Ech mengen, dat ass déi perfekt Geleeënheet, fir d'Opmierksamkeet op de Lëtzebuurger Wäibau ze lenke mat enger wichteger Marketingoffensiv an enger grouss ugeluechter Strategie a Campagne.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Ech deposéieren och dofir eng Motioun.

#### Motion 2

*La Chambre des Députés,*

- *vu le statut qualitatif des vins et créments luxembourgeois depuis les trois dernières décennies ;*

- *sachant que les vins luxembourgeois sont comparables aux meilleurs crus des régions viticoles étrangères ;*

- *estimant que beaucoup de consommateurs font leur choix de vin en raison de la renommée du terroir et concluant qu'il faut dès lors promouvoir la région mosellane dans son ensemble ;*

- *constatant que dans le cadre de la pandémie du Sars-CoV-2, les mesures sanitaires imposées, à savoir le confinement, la fermeture des restaurants et bars, l'annulation des événements et cetera, ont eu un impact très fort sur la commercialisation du vin ;*

- *constatant que d'un autre côté, la pandémie et notamment le confinement a sensibilisé la population à la consommation de produits locaux et régionaux et à la solidarité avec le commerce de proximité ;*

- *estimant opportun de profiter de cette situation afin de faire davantage connaître l'existence des vins et créments luxembourgeois auprès des concitoyens étrangers et de faire redécouvrir par la population indigène la qualité supérieure des produits viticoles luxembourgeois ;*

- *face au phénomène que la consommation intérieure de vins d'origine étrangère est désormais quatre fois supérieure à celle du vin issu du vignoble luxembourgeois ;*

- *rappelant la motion du 22 novembre 2016, adoptée à l'unanimité par la Chambre des Députés, au sujet de l'élaboration d'une nouvelle stratégie commune de marketing et sachant que le Gouvernement de l'époque avait mené des pourparlers pour exécuter la motion sur un point de vente et de dégustation des vins et créments du Luxembourg sur le territoire de la Ville haute de Luxembourg ;*

- *considérant que la volonté unanime de la Chambre des Députés de voir le Gouvernement agir sur ce point a été réitérée en 2019 moyennant une motion unanime ;*

- *considérant que suite à la pandémie il s'avère encore plus primordial d'investir dans la promotion des vins luxembourgeois,*

*invite le Gouvernement*

- *à faire une évaluation de l'impact réel de la pandémie sur le secteur de la viticulture ;*

- *à élaborer, en collaboration avec tous les acteurs concernés, une nouvelle stratégie de marketing et de sensibilisation ;*

- *à lancer une large campagne de sensibilisation et de marketing en faveur de la production vinicole autochtone, en mettant les moyens budgétaires substantiels à disposition du secteur ;*

- *à veiller à ce que la nouvelle stratégie de marketing attire l'attention des consommateurs sur l'existence d'une production de vins et créments au Luxembourg et notamment sur la très haute qualité du vin luxembourgeois, la régionalité du terroir, la proximité et la durabilité de la production, ainsi que sur la grande diversité des produits pour un si petit territoire de production ;*

- *à associer le secteur de la gastronomie et le faire bénéficier des actions qui seront mises en place ;*

- *à soutenir l'élaboration d'une charte de la soutenabilité qui consigne tous les efforts fournis par les vignerons luxembourgeois en faveur de l'environnement et de la nature, pour y donner toute leur visibilité ;*

- *à agir immédiatement afin de lancer dans les meilleurs délais la mise en place sur le territoire de la capitale, d'un lieu de dégustation et de vente pour les vins et créments luxembourgeois, issus tant de la viticulture biologique que raisonnée, le cas échéant complété par d'autres produits du terroir ;*

- *à renforcer la promotion des vins luxembourgeois sur les marchés étrangers notamment limitrophes et à relancer dans ce cadre au moyen de campagnes de promotion les exportations de vins luxembourgeois vers la Belgique et l'Allemagne et en ouvrant entre autres à Bruxelles une Maison du Vin du Luxembourg, le cas échéant combinée à d'autres produits et productions de notre pays.*

(s.) Octavie Modert, Léon Gloden, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Aly Kaes.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Modert.

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Domadder géif souguer de „Let's make it happen“ en neit Aushängeschëld kréie vun engem kruziale Lëtzebuurger Produkt an domadder nees Opdriff an eng Daseinsberechtigung kréien.

Et muss een natierlech an dësem Kontext och d'Etüd vun Ernst & Young vun 2017 opwerfen - de Gilles Baum huet dat och gemaach gehat - a froen: Wat ass weider doraus ginn? Oder ass se am Tirang verschwonnen? Et sollten deemools Aarbechtsgruppen agesat ginn a konkreet Moosname fir eng besser Vermaartung ausgeschafft ginn. Déi waren nämlech an der Etüd ze kuerz komm. Ausser punktuell Saache war relativ weéng Neies. An dofir war d'CSV der Meenung: Do muss elo méi dra sinn. An dofir gëtt et, mengen ech, Zäit, fir eng nei Strategie auszuschaffen, mat geballene Mëttelen. Do geet et net duer mat klengen Zommen. Do muss ee wierklech eppes drastiechen, soss huet et keen Effekt, soss kann een et och si loossen.

Well mir müssen och nach eppes Zousätzlech bedenken: D'Covidkris hat schonn eng Inzidenz op de Lëtzebuurger Wäiverkaf. De Statistiken no si bal 20 % manner Lëtzebuurger Wäin hei am Land verkaf ginn dee Moment, dat ass e Réckgang vun 18,35 % gewiescht. An dat ass extreem vill. Meng Virschléi fir den Ofsaz sinn also ëmsou méi pertinent.





Mir haten och zesummen hei am Januar respektiv am Februar eng Motioun gestëmmt, wou ech eng Stärkste-Schwächten-Analys virgeschloen hat nom Covid. Ech fäerten nämlech, datt d'Fideliséierung vun der dach neier Clientèle, déi am Confinement op déi lokal a regional Offer zrécckgegraff hat, zanter dësem Summer nees zrécckgeet, warscheinlech souguer zimmlech staark. An dofir meng Fro, Här Minister, wou dës Analys drun ass, nëng Méint no-deems mir déi Motioun eestëmmeg heibannen ugeholl haten.

Eppes jiddefalls misste mir duerch de Covid géleiert hunn, nämlech: Wéi wichteg d'Zesummesinn an d'zwschemenschlech Relatioun sinn. Dat muss nom Covid gefleegt ginn. An eng gutt Drëps aus de Miseler Wéngerten, mat Genoss a schéi lues gedronk, ënnerstëtzt dat esou gutt.

An ausserdeem: D'Lëtzebuerger Wäiproduktioun ass nohalteg. Niewent de kuerze Weeër an de kuerze Liwwerkette schaffen d'Wënzer mat der Natur an ënnerhalen d'Natur. Et si schéi Kulturlandschaften an oppe Landschaften, déi d'Fauna an d'Flora brauchen. Wou Wéngerte sinn, ass de Buedem net versigelt. Duerch d'Buedembegréngung gëtt der Erosioun Einhalt gebueden. D'Wéngerten an de Bänken - Dir sot meeschtens Terrassen - a géi Wéngerten, do gëtt villen Déierenarten e Raum an en Doheim gebueden.

Ee Problem stellt sech: Den Ënnerhalt vun de Bänken ass extreem deier. 25.000 Euro, fir 10 Meter Dréchemauren ze flécken, dat ka kee bezuelen! Mol net mam Subsid vun interkommunale Syndikater an der Bähëllef vun 850 Euro de Kubikmeter vum ONR (ndlr: Office national du remembrement). Esou vill gëtt ni an deene Wéngerte verdéngt.

D'Wënzer fërderen och d'Biodiversitéit mat der Buedembegréngung: Säit Jore gi speziell aarteräich Kraider- a Blummemëschungen an de Wéngerte geséit. Dat ass eng perfekt Insektennahrung; et hëlleft der Aarteuvillfalt. De Wënzer séit dat hektarweis an net just an enger klenger Somtitchen um Balcon. An dat gëtt och unerkannt an dem nationale Strategieplang fir déi nei PAC (ndlr: Politique agricole commune), do kënnst eng nei Primm derbäi. Awer et gëtt vill Verwaltungsofwand méi. An do muss ee wierklech kucken, datt net all Hallem herno eenzel kontrolléiert gëtt.

Een Argument, wat ganz wichteg ass a wat erausgestrach muss ginn: De Lëtzebuerger Wäibau verzicht op déi meescht Sprézmëttelen. An deene meeschten auslännesche Wäibaugebiddere ass dat net esou. Et gëtt op der Lëtzebuerger Musel scho laang keen Insektizid méi benotzt, an déi meescht Wënzer setzen och keen Herbizid méi an. De Glyphosat ass souwisou zu Lëtzebuerg verbueden. D'Wënzer privilegiéiere mechanesch Methoden, och wann dat vill méi Aarbecht ass a vill méi deier ass. Et ass en Argument fir Nation Branding.

Mee, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wou ass d'Reklamm, déi Lëtzebuerg dofir an domat maache kéint? Ech gesi se net! An et wär esou e gutt Argument. A wann dat schonn net de Fall ass, da wëll ech weinstens ureegen, eng Nohaltegkeetscharta opzestellen, déi de Secteur sech als eng Zort Corporate Strategy iwwergräifend an d'Fënster stelle kéint, fir op sech opmierksam ze maachen. Well et ass alles do! Da kann et och Visibilitéit kréien!

Dir Dammen an Dir Hären, Bio ass Trend a bitt natierlech nei Chancen, well hautdesdaags eng grouss Nofro beim Konsument besteet. Do ass nach Sputt no uewen, fir nach nei Betriber bäizekréien. Op der Musel sinn de Moment och weider Betriber an der Ëmstellung. An d'Regierung muss d'Ëmstellung weider ënnerstëtzen, an d'Berodung ass grad an dëse Jore wichteg.

Berodung, Begleedung a Fuerschung, och fir manner Kofferasaz ze brauchen, si kruzial fir de Biowäibau, déi ganzen Zäit, net nëmmen an der Ëmstellung.

Ech gesi véier grouss Hürden, déi d'Wënzer dovun ofhalen, op d'Bioproduktioun ze goen: Dat sinn d'Kränkten an d'Schädlings- an d'Onkrautbekämpfung am Wéngert souwéi déi verfügbar Mëttelen, dee méi héijen Aarbechtsopwand an déi méi grouss Aarbechtsbelaaschtung, den Ofsaz respektiv d'Angscht virum Präisverfall am Biosegment an et sinn d'administrativ Hürde mat bürokrateschem Méiopwand an zousätzleche Kontrollen - Stéchwuert, ënner anerem, Zertifizéierung, wou iwwregens eng extra finanziell Ënnerstëtzung gutt wär. Dat hat ech 2019 scho gefuerdert.

Ech mengen, dat si véier Punkten, wou d'Regierung usetze kann an tätég muss ginn. Verschidde Bausteng vum Biowäibau si längst am räsonéierte Wäibau vu ville Wënzerbetriber matagebaut. Dofir recommandéiere mir, e Stufesystem anzeféieren, fir all nohalteg an Ëmweltustrengungen a -leeschtungen ze honoréieren. Et gëtt net nëmme schwaarz a wäiss. All Betriber solle matgeholl ginn a Richtung méi Ëmweltschutz.

Ech sinn iwwerzeegt, wann eng Kéier de Problem vum Planzeschutz geléist wär, datt dann 100 % Bio op der Musel näischt méi am Wee géif stoen. Mee

dee Problem ass awer net geléist. An et ass jo och net esou, wéi wann am Bio net misst gesprézt ginn, souguer méi dacks, wann awer mat anere Mëttelen. A wa Jore mat ganz héijem Pilsdrock sinn, da muss am Bio bal all zweeten, drëtten Dag gesprézt ginn. An hei stellt sech och d'Fro vun der Disponibilitéit vun Aarbechtskräften, déi scho schwiereg sinn, mee an deem Fall hei, do muss een eng Persoun extra astellen, fir just ze sprézen. A wéi de Gilles Baum scho gesot huet, hate mer an deene leschte Jore vill Pilsdrock, zum Beispill Peronospora oder Oidium oder aner Saachen.

Ass d'Sprézen iwwert Dronen eng Léisung oder ass dat just e méi deiert Mëttel an a voller Etendue net besser praktikabel wéi Helikoptersprézen, dat wäit net esou schlecht ass, wéi säi Ruff gemaach gëtt, dat och am Bio kann agesat ginn? Well den Helikopter kann och direkt nom Reen agesat ginn - an dat ass extreem wichteg -, en huet haut keen Ofdrift méi, e kascht de Wënzer manner wéi een Drëttel vun enger Dron an e brauch manner Zäit wéi déi.

Ech plädéieren och fir, an dësem Kontext ... Ech wëll dat vläicht nach soen, ech hat dat virdu vergiess gehat, ech mengen, datt een och fir Verständnis zwësche Bio an extensivem Wäibau plädéiere soll, an dat maache mer alleguer, ee vis-à-vis vun deem aneren, well Polariséiere bréngt op kenger Säit eppes.

Här President, an dësem Kontext kéint een natierlech nach vu PIWlen, interspezifischen Sorten, schwätzen. Dat ass scho gemaach ginn. Ech mengen, et ass net dat Allheilmëttel, wéi geduecht gi war. Si mussen awer gesprézt ginn, wann och net esou dacks. A se sinn och net grad esou héich qualitativ. Dofir mengen ech, datt ee muss natierlech soen, datt et keng Allheilmëttel gëtt an datt et einfach Jore mat esou vill Pilsdrock oder Krautwuesstem gëtt, datt d'Wënzer un d'Grenze stoussen.

An domadder si mir matzen am Thema Klimawandel, dee jo dem Lëtzebuerger Wäibau zegutt kënn, mat héichzeidegen Drauwen, wat gutt Wäiner gëtt. D'Zäite sinn domadder Gott sei Dank eriwuer, wou d'Wënzer näischt ze räissen an ze bäissen haten, well d'Drauwen net zeideg gi sinn.

Et bréngt awer aner Problemer mat sech: Et bréngt niewent dem Pilzbefall, dee mer ugeschwat hunn, och vill Dréchent. Bleiwen déi nächst Joren esou waarm an dréchen an 2021 war d'Ausnam, oder wäert et ëmgedréit goen? Dat ass natierlech schwéier virauszegesinn. D'Méiglechkeet, fir d'Bewässerung maachen ze kënnen a fir Waasser fir d'Bewässerung ze kréien, soll awer weiderverfollegt ginn. Och wann zum Detail vun deem Geneemegungsverfahren natierlech nach Saachen opgeworf kéinte ginn, an zu de Käschte souwisou.

Dir Dammen an Dir Hären, lokal produzéiert ass nohalteg. Méi kuerz Weeër geet net, vum Wéngert bis heem an d'Kellereien, an do ass alles op e puer Kilometer, nobäi produzéiert. Kee wäite Wee, kee laange Cargofluch, kee schwéiere Carbonofdrock, fir de Wäin hei aus dem Land hei am Land ze konsuméiere mat rouegem Gewëssen.

De Stockage ass och hannert der Dier. Et gëtt kee Camionschauffer gepéngelt, fir nuets just in time e Produkt erbäizeschaffen, well d'Produktioun oder de Stockage ausgelagert sinn. An dofir ass et eng Wäertschëpfung an e Meerwäert an der Region, positiv fir déi national Ekonomie. Ech nennen dat: eng Prospérité inclusive iwwert déi ganz Wäerte-ketten.

Mir kënnen also esou en einfachen, reelle Bäitrag zur Nohaltegkeet leeschten a lokal Produkter konsuméieren. Dat solle mir maachen, dat muss mir maachen. Soss steet et am Widdersproch zu alle Parolen.

D'Aarbechtskonditiounen an de Statut vum Wënzer sinn en anert wichtegt Kapitel fir d'Wënzer. An ech mengen, och do muss derno gekuckt ginn, well de Familjebetrieb gëllt schliisslech als Modell. Hei muss Verbesserung kommen, dat ass haut méi néideg mam ganze Strukturwandel. Ech zielen nëmme just follgend Punkten op: De Pensiounsregimm, deen och an der Regierungserklärung steet; d'Wënzer an d'Bauere sollen eng dezent Rent däerfe kréie vum Abezuele bis zum Ausbezuele fir e Liewe voller haarder Aarbecht. E Congé therapeutique oder e Congé pour raisons de santé och fir Wënzer a Baueren: Musse si dann hire Betrib opginn, wa se viriwwergeeënd net schaffe kënnen weinst längerer Krankheet? Oder e Congé therapeutique, fir definitiv Deelzäit schaffen ze kënnen, wa se dat weinst Krankheet mussen maachen - fréier hätt ee vläicht gesot, en hallwen Invalideregimm -, an datt se dann hire Beruff an hire Betrib net müssen opginn.

Och um steierleche Plang mussen Ännerungen gemaach ginn, fir Reserven uleeën ze kënnen, an e System, fir gutt Jore mat schlechten auszegläichen, an net just ëmgedréit. D'Carryback-carryforward-Moossmat, déi ënnert der viregter Regierung agefouert gi war, bréngt an der Praxis net vill. An dofir muss se iwwerduecht ginn.

Ee ganz wichtege Punkt am Statut vum Wënzer ass d'Betribsiwwergab. An de leschten 20 Jore huet d'Hallschecht vun de Wënzerbetriber opginn. Haut gëtt et just nach 268 Betriber; 38 % vun de Wënzer sinn iwwer 60 Jore a maachen ee Véierel vun der Wäibaufläch aus; dräi Véierel vun de Wënzer sinn iwwer 50. D'Nofolleg an d'Betriebstransmissioun kënnen eis also net egal sinn. An déi sougenannte „Seiteneinsteiger“ kréie vläicht méi Bedeitung an der Zukunft. D'Regierung wëll dat jo och fërderen: si huet eng extra Bähëllef agefouert am Januar am neien Agrargesetz. Ech mengen, dat geet awer net duer: Dir muss och zum Beispill op steierlechtem Plang erméiglechen, datt e Betrib kann un en Nofolger goen, deen net en ligne directe oder guer net Famill ass.

Loosst mech eng kuerz Klammer opmaachen, well de Risiko vun den dréische Wéngerte war ugeschwat ginn. Wa mer net méi genuch Betriber hunn, fir d'ganz Wéngertsareal ze bewirtschaften, dat wär net gutt. An do muss mer och nees eng Handhab kréien, fir d'Dréisch kënnen auszehaen, an et weist, wéi wichteg meng Fuerderung ass am Kontext Betribsiwwergab u Leit, déi net engem seng Kanner sinn. Well mir brauchen an Zukunft systematesch zesummenhängend Flächen op der Musel a kee Fléckenteppesch! Och hei eng Motioun, Här President.

### Motion 3

*La Chambre des Députés,*

*- sachant que la profession et les tâches du vigneron ont évolué fortement pendant les dernières décennies ;*

*- constatant que le modèle préconisé pour la viticulture reste celui de l'exploitation familiale ;*

*- estimant que les ressources humaines, l'environnement et le développement de nouveaux marchés seront les défis à relever par les exploitants viticoles afin d'assurer leur pérennité ;*

*- constatant que le nombre d'exploitations viticoles a diminué de moitié pendant les 20 dernières années ;*

*- sachant que 38 % des vignerons sont âgés de plus de 60 ans et trois quarts de plus de 50 ans ;*

*- estimant par conséquent*

*• que la transmission d'entreprise est un aspect très important dans le domaine de la viticulture ;*

*• que le phénomène des nouveaux entrants dans la profession pourrait s'accroître à l'avenir ;*

*• qu'il échet dès lors de mettre en place un régime fiscal de reprise d'exploitation adaptée aux cas de transmission autres qu'en ligne directe ;*

*- relevant la nécessité pour les vignerons de bénéficier d'un régime d'assurance de pension décent et adapté à leurs besoins ;*

*- constatant qu'un congé thérapeutique respectivement un congé pour raisons de santé font défaut pour les indépendants et qu'en cas d'incapacité de travail prolongée les vignerons se voient forcés d'abandonner leur exploitation,*

*invite le Gouvernement*

*- à élaborer, en concertation avec tous les représentants de la profession, un véritable statut du vigneron qui tienne compte des aspects énumérés ci-dessus.*

*(s.) Octavie Modert, Léon Gloden, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Aly Kaes.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).** - Wat d'Beruffskummer ugeet, d'Landwirtschaftskummer mat ëmmer manner Memberen, muss den aktuelle Cotisationssystem iwwerduecht ginn. D'Schafung vun engem interprofessionelle Komitee, wou Bestriewungen amgaange sinn ënnert den dräi Gruppementer vun der Musel, muss ënnerstëtzt ginn. D'Land brauch déi dräi Gruppementer. Si hunn op der Musel all eng Daseinsberechtigung an eng wichteg Roll. D'Eenegkeet op der Musel kënn mir nëmmen ënnerstëtzen. Si ass weesentlech fir de Lëtzeburger Wäibau.

Et kommen an Zukunft nach vill aner Suergen, an och haut schonn, derbäi fir d'Wënzer: Et si Familjebetriber, se sinn en Deel vun der Duerfgemeinschaft, si këmmere sech ëm méi Generatiounen, si brénge vill onbezuelte Leeschtungen fir d'Gesellschaft, si schaffe schrecklech vill.

Wéini kënn se Loft huelen an duerchhootmen, Zäit mat der Famill an de Frënn oder einfach nees fräi hunn? Wéi ass hir Work-Life-Balance an der Gesellschaft vun haut, vun hirem Akommes iwwerhaupt emol net ze schwätzen? Si mussen wuessen, fir d'Käschten opzefänken. An dee Krees, dee gëtt ëmmer schlimmer. An niewent der Aarbechtslaascht entstinn hinne vill Suergen duerch administrativ Hürden. Geschwé kënn se mol net méi wibbelen, well se keng Plaz méi kréie fir ze schaffen.

Den Ëmweltministère léisst guer kee Raum méi. Wat d'Ëmweltministerin aktuell an e Projet de Rè-

glement grand-ducal geschriwwen huet, brécht der Musel den Hals. Dat ass net nëmmen e Corselet, dat ass eng Zwangsjackett. An d'CSV hofft, datt keen definitiven Text doraus gëtt. Natierlech, déi reglementaresch Prozedur entzitt sech der Chamber hirer Handhab. Mee ech ka mer awer net virstellen, datt dat heibanne jiddwerengem egal ass, datt dat den Deputéierte vun der Majoritéitspartei egal ass. De Gilles Baum huet schonn drop ugeschwat gehat. Also, wannechgelift, ännert do eppes.

Ech ka mer net virstellen ... Wat elo virgesinn ass: Weeder Keller nach Schmachstuf si méiglech auszubauen an der Gréngzon. Also Äddi all Plädoyer vun Ònotourismen. Et gëtt keng Produktioun a Kommerzialisatioun méi erlaabt beim Aussidelen. Wéi steet esou schéin do: « [...] cave, pressoir, bar à vin [...] concernant la transformation des raisins [...] et la commercialisation du vin et ne sont dès lors pas compatibles avec l'affectation de la zone verte, [...] et doivent dès lors être localisées dans une zone destinée à être urbanisée. » Mee an den Uertschaften ass awer keng Plaz méi! Dir sidd jo frou mat neie Betriber a Säiteneinsteiger an der Landwirtschaft an am Wäibau, mee wéi sollen déi dann eng Plaz am urbaniséierte Raum kréien?

### (Interruption)

Schliisslech wëll Äre Wunnungsbauminister do vill Wunnengen an op gedréngtem Raum. An da soll nëmmen nach am Wéngertsperimeter gebaut ginn a just nach eng Stockagehal vu 750 Quadratmeter. Dat geet souwisou net duer fir alles! A wann e Betrib awer méi wéi 10 Hektar grouss wär, da gëtt d'Hal vläicht méi grouss geneemegt. Tiens, dat ass allerdéngs witzeg: Normalerweis seet den Ëmweltministère, d'Betriber sollen net grouss sinn. Also dat Ganzt ass zimmlech wierklechkeetsfern a wierklechkeetsfremd.

Ganz grousszügeg däerf dann eng « Salle de séjour (sans cuisine) dans laquelle les ouvriers peuvent consommer un casse-croûte » an déi Stockagehal drakommen. Mee wat fir e patriarchalescht Großgrundbesitzergebaren ass dat do? D'Mataarbechter däerfen eng kal Schmier iessen - a soss näischt. Keng Kichen! Näischt Waarmes! An eng Wunneng däerf de Wënzer och net méi dobäi oprichten. Och net, fir seng Aarbechter oder Saisonsaarbechter anstänneg ze logéieren. Dat ass net ze verstoen! Dat ass komplett realitéitsfremd! An dat zwéngt de Wënzerstand zum Ophalen!

Dat, mengen ech, läit heibanne kengem um Häerz. Et ass ReißbrettDenke vum Schreifdësch aus. An de Fazit, dee sech opdrängt, ass: Wa mënschlech Aktivitéit am ländleche Raum just nach als Antinomie zu enger gesonder Ëmwelt consideréiert gëtt, dann hu mir e Problem!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).** - Well och d'Aarbecht mat den Hänn muss nach eppes wäert sinn an eiser Gesellschaft.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).** - Eis Wirtschaft an eis Gesellschaft mussen méi divers si wéi just eng Déngschtleeschtungsgesellschaft. Dofir, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen: Dat do kënn och Dir net akzeptéieren, och net an der Majoritéit. Hëlleft de Wënzer! Deen Opruff ass ganz eescht gemengt. An dofir deposéieren ech eng Motioun hei.

### Motion 4

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les articles 6 et 7 de la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles relatifs aux nouvelles constructions respectivement constructions existantes en zone verte ;*

*- constatant qu'un projet de règlement grand-ducal concernant certains types de constructions en zone verte en exécution de l'article 6 susmentionné, est en cours de procédure réglementaire ;*

*- constatant que ce projet de règlement grand-ducal, élaboré par les soins du Ministère de l'Environnement, a pour objet de préciser et de fixer les conditions et les critères que doivent respecter les nouvelles constructions autorisables en zone verte ;*

*- constatant que pour les exploitations viticoles, le seul type de construction autorisable en zone verte se limiterait à la construction d'un seul hangar destiné au stockage de produits viticoles ainsi que de matières et machines servant à l'exploitation viticole ;*

*- déplorant que la transformation des raisins et la commercialisation de produits viticoles soient prohibés et ne seraient plus autorisés en zone verte ;*

*- que tel fut possible jusqu'à l'heure actuelle ;*

*- estimant que les dispositions prévues par le projet de règlement grand-ducal ne correspondent guère aux besoins réels du secteur viticole ;*

*- rappelant que l'urbanisation croissante des villages ruraux ne permet pas une extension des exploitations viticoles en zone habitée ;*





- estimant que le développement souhaité de l'eno-tourisme sera par conséquent impossible ;

- estimant que les conditions strictes imposées par la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles combinées aux conditions et critères respectivement à la complexité de la procédure d'autorisation pour les constructions en zone verte vont freiner le développement futur du secteur viticole,

invite le Gouvernement

- à renoncer aux dispositions réglementaires précitées et à adapter le projet de règlement grand-ducal aux réalités des activités viticoles ;

- à effectuer un screening systématique des procédures et charges administratives liées aux autorisations de construction et d'exploitation dans l'optique de limiter les formalités administratives pour les producteurs au minimum raisonnable ;

- à simplifier et accélérer les procédures administratives pour les projets de construction en zone verte respectivement les constructions existantes en zone verte ;

- à prendre les mesures nécessaires afin de modifier les textes en question.

(s.) Octavie Modert, Léon Gloden, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Aly Kaes.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Modert.

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- A wa mer schonn dobäi sinn: Wéi zäitgemeiss ass et eigentlech haut nach, Hale mat Holz auszekleeden, wou mer d'Iwernotzung vum Rostoff Holz hunn, onofhängeg vum Liwwermangel a senger Präisdeierecht? Eng sënnvoll Alternativ wär dach d'Begréngung och vertikal a besonnesch eng Daachbegréngung, déi, wéi mir jo wëssen, ganz positiv fir de Waassermanagement ass. Dee Modell do ass souwisou aus de Schwäizer Bierger ofgekuckt, war dunn heihinner importéiert ginn, an net emol Éisträich, e Land, wat och Bierger huet, huet dat virgeschriwwen.

An da kommen nach aner Saachen dobäi: Der Innenministescher hir Pläng fir eng progressiv an dissuasiv Grondsteier. Hire Mataarbechter huet virun zwou Woche gesot: „Do, wou en Haus steet, awer Plaz fir Residenzen ass, muss d'Grondsteier wéi eng Residence an net wéi en Haus gerechent ginn. Dann huet den Terrain“, sot en, „net de Wäert vum Eefamiljenhaus, mee éischter de Wäert vun deem, wat ka mam Terrain gemaach ginn.“ Ma bravo! Gutt geschafft! Elo ginn d'Wënzer an d'Bauern och nach bestrooft, well se an Uertschafte sinn, well se hir Haiser an hir Schäpp méi grouss mussen hu fir de Betrib, a gläichzäitig därefe se op där anerer Säit net méi aussidelen duerch d'Madamm Ëmweltminister. Dat ass esou kontradiktöresch! Do bäisst d'Kaz sech gläich zweemol an de Schwanz.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Ech ernimmen dann dat neit Offallgesetz net och nach, well do kommen och nach Schwieregkeeten dobäi.

■ **Une voix.**- A sou?

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Jo. Dir wësst jo, wéi eng dat sinn. Dat huet schonn Äre Kolleege ernimmt gehat elo grad. Hat Der net opgepasst, wéi deen dat gesot huet? Op jidde Fall: „Einfach Lëtzebuerg“ - kënnt Dir lech vläicht nach un déi Schlagwierder erënneren? Da maacht dat och, wannechgelift. Well hei ass net méi d'Land vun de kuerze Weeër.

Datt mir Objektivter wéi Ëmweltschutz a Klima mat-abannen, ass ganz kloer. An dat wëlle mir och esou. Dat ass eng Necessitéit vun der Zäit. Mee et däreft keen ideologesche Kampf gefouert gi géint Mënschen, déi an a mat der Natur schaffen, soss geet dee Schoss no hanne lass.

Här President, beim administrativen Ëmfeld wëll ech och nach de Problem vun den Herschtleit a Saisonsaarbechter uschwätzen.

An Däitschland gëtt et de Statut vum „Erntehelfer“. An ech denken, et wär derwäert, datt de Ministère e spezifesch Statut analyséieren oder ausschaffe géif. A well et och ëmmer manner einfach ass, dës wichteg Hëllefskräften ze kréien, soll et och fir Mat-aarbechter aus Drëttlänner opgemaach ginn. Och dat gëtt et an Däitschland.

Eng Fro ass och: Kann een net de Flüchtlingen, déi hei am Land an der Prozedur sinn, erlaben, an d'Lies hëllefen ze goen?

Eng aner Fro an deemem Kontext vun der Administratioun sinn natierlech och d'Kontrolle vum Landwirtschaftsministerium. Si si virgeschriwwen, land kuckt awer, datt et net op eemol méi Kontrollere gëtt wéi Kontrolléierter. D'Strofe sinn och dacks iwwerproportional fir minimal Vergeëen oder Oublien.

An iwwregens: Wann de Gilles Baum schonn de guichet.lu ugeschwat huet, wa schonn all Ufroen elektronesch mussen ausgefëllt ginn, da kuckt wéinstens d'Internetsäit, dat d'Mënschen do wës-

sen, wou se dru sinn, datt eng Meldung kënnt, wa se hiren elektronesch Formular fortgeschéckt hunn, sougutt wéi wa se en nach net ofgeschéckt hunn an doduerch Delaie verpassen, well dat um Site net ze mierken ass.

Innovatioun ass e grouse Stéckpunkt am Wäibau: Et gëtt nei Techniken, et gëtt ferngesteiert Maschinen, selbstfarend Roboterer, all elektresch bedriwwen. Si si prett; si si mënsch- an naturschounend. Mee och do muss d'Gesetzgebung dat erlaben, onofhängeg dovunner, datt se net subventionabel sinn. An dozou kommen ech och nach, Här President. Well iwwert d'Agrargesetz hu mir am Januar eng gréisser Debatt gefouert gehat. Dat verlängert Agrargesetz huet e puer gutt Akzenter gesat, Saache verbessert oder riichtgebéit, déi beim Agrargesetz vun 2016 verpasst oder verschass gi sinn. Mee déi Upassunge ginn net duer. Well d'Gesetz war 2016 e Réckschrëtt an huet de Secteur zrëckgehäit. Et wären elo souguer nach méi Klengekeete méiglech gewiescht, fir et gläich besser ze maachen. Dann hätt et kënnen e wichtegt Lenkungsinstrument sinn. Awer et ass e Gesetz vun de verpasste Chancë ginn.

Och wann d'Chamber zwou Motiounen ugehall hat vun der CSV, sinn anerer leider ofgeleent ginn a meng Argumentatioun net héiere ginn. Ech erënnere un d'Motiounen iwwert d'Eenheitspräisser, iwwert d'Maschinelléicht, iwwer steigend Käschten, iwwert d'Auswalprozedur. An et wär esou einfach gewiescht, léif Majoritéit, fir heimat eppes fir d'Wënzer ze maachen. Dir hätt nëmme brauchen déi Virschléi, déi realistesch sinn an am Alldag de Wënzer betreffen, unzehuelen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Dat nächst Agrargesetz, wat virun der Dier steet, däreft keng Verschlechterunge bréngen. D'Ënnerstëtzung fir d'Wënzer an och fir d'Bauern däreft net zrëckgoen, mee et muss verbessert ginn.

Déi besteeënd Primmen - si sinn eng Unerkennung fir eng Leeschtung - musse bäibehale ginn, an och op d'mannst an der aktueller Héicht.

Den Encadrement ass weiderhi wichteg. D'Berodung muss nach méi ënnerstëtzt ginn an ausgedent ginn, och op spezifesch Betribsberodung a Berodung am Wéngert.

Den nationale Strategieplang fir d'GAP 2023 ass elo offiziell an der Konsultatiounsphas a muss bis Silvester op Bréissel goen. Ech hoffe jo, datt de Minister an deenen nächste Wochen och d'Chamberskommissioun consultéiere kënnt - och wann dat net am offizielle System virgesinn ass -, da brauch ech hei net weider an den Detail ze goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Debatt an der Chamber, an egal wéi laang d'Riedezäit ass, geet ni duer, fir all d'Problemer vum Secteur mat Léisungen unzeschneiden. Dofir sollen Assisë fir de Wäibausecteur gemaach ginn. Ech hat et schonn 2016 virgeschloen. An elo gëtt et héich Zäit derfir! An esou deposéieren ech am Numm vun der CSV eng Motioun, mat där d'Chamber d'Regierung freet, fir Assises viticoles ze organiséieren.

#### Motion 5

La Chambre des Députés,

- considérant que le secteur de la viticulture doit faire face à de multiples défis dont la crise sanitaire, le changement climatique, les contraintes environnementales au niveau de la production, les procédures administratives, les modes de consommation qui évoluent et la présence d'un grand nombre de vins d'autres pays producteurs sur le marché national,

invite le Gouvernement

- à organiser des assises viticoles afin de discuter les défis et les opportunités auxquels le secteur viticole est confronté aujourd'hui et à l'avenir et de dégager des pistes et solutions pratiques et innovantes pour relever ces défis.

(s.) Octavie Modert, Léon Gloden, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Aly Kaes.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Mam Marketing ...

Här President, ech hu jo déi fënnel Minutte vun de Motiounen och nach dobäi?

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Absolutt.

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Merci villmools.

Mam Marketing ugefaangen, halen ech mam Önotourismus op; de Krees schléisst sech. Önotourismus, an ech soen och Kulturtourismus: Wéngertslandschafte sinn atemberaubend Kulturlandschaften an an Atout fir den Tourismus. Vergiesst net, se an déi national Strategien anzebauen. D'Schmaachstufte gehéieren an dat Konzept. Hei gëtt et nei Obstakelen: Ënnert der Regierung Bettel 2 gëtt et keng Geneemegung, fir eng opzeriichten an der Gréngzon. Ech hunn lech dat virdrun erkläert. Dat ass

kontraproduktiv! Am Ausland maache se grouss Reklamm mat esou Wäinarchitektur. Hei ass se net méiglech.

D'Aarbechtslaascht an de Familljen ass natierlech och ze bedenken, well et si Familljebetriber.

An dann ass d'Fro, déi ech stellen, vun engem Regimm fir Wäistuffen. Wat däreft wierklech an de Wäistuffe gemaach an ugebuede ginn? Wou et fréier mat enger Säit Reegelen duergaangen ass, muss dat haut aneschtters gereegelt ginn. D'Fro stellt sech och, ob eng Wäistuff eng Konzessioun brauch. Dat ass zwar e vereeltze System aus dem 19. Joerhonnert, mee da kéint e System, änlech wéi d'Straußwirtschaften an Däitschland oder Éisträich, hei hëllefen.

D'Hotelle sinn och opgeworf ginn, oder méi en divers Betterangebot. Jo, dat ass richtig. Dat kann eng Zousazméiglechkeet si fir d'Wënzer. D'Wënzer kënnen natierlech och net d'Hoteller komplett ersetzen a wëllen hinnen och keng Konkurrenz maachen op engem klenge Raum. Si kënnen och net allkéiers permanent nach een neie Metier dobäi maachen. Dat ass och aarbechtsintensiv, dat Ganzt. A virun allem: Et géif jo guer keng Geneemegung ginn. Am Duerf huet de Betrib keng Plaz. An der Gréngzon gëtt d'Madamm Ëmweltminister keng Geneemegung fir Touristenzëmmer. Si erlaabt net emol, en Holzfaass, sou wéi ee se op de Campinge stoen huet, opzeriichten. Dat huet se schonn alles refuséiert. Sou vill zu der Strategie vun der Regierung, fir dem Öno- an Agrotourismus ze hëllefen an den Tourismus ze diversifizéieren.

(Interruptions)

Komm also elo kee méi do dermat!

■ **Une voix.**- Très bien!

(Interruption)

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Onofhängeg vun der Fro vun de Bähëllefë fir esou e Projet.

Mat engem interessante Wäimusée an Empfangszentrum zu Éinen entsteet an Zukunft e wichtige Partner fir d'Promotioun vun der ganzer Muselgéigend - dat wëll ech nach zum Schluss ernimmen -, souzesoen „das Tor zur Mosel“ an „d'Dier fir bei de Wënzer“, eng Zentral Ulafplaz fir all d'Touristen, déi d'Musel entdecke wëllen. Jo, de Projet dauert. Viru 15 Joer hat ech den Ustouss fir d'Konzeptetüd ginn. Mee deemools ass an de schlechte Jore gespuert ginn. Jo, net wéi dës Regierung et ëmmer behaapt. An ënnert dem Françoise Hetto ass de Projet weidergefouert ginn. Heibanne sëtzen der iwwregens nach ganz vill, déi sech mam Projet ofginn hunn, virop säin haitege President Léon Gloden, grad wéi déi deemoleg Staatssekretärin Francine Closener an elo natierlech dann de Lex Delles.

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt Zäit, datt eppes geschitt. Zanter menger Interpellatioun iwwert de Wäibau viru ganz genau fënnel Joer ass net vill gemaach ginn an op kee Fall genuch. D'Problemer sinn elo méi grouss ginn an et sinn der derbäikomm. E gudden Deel dovunner ass vun der Regierung hausgemaach.

Här Minister, huet d'Problemer mat. Huet se an d'Hänn. Setzt lech bei Äre Regierungskolleegen an. Et bleift vill nozehuelen. An d'Wënzer brauchen Äntwerte vun dëser Regierung. Si maachen hire schéine Beruff gär. Hëllef hinne dobäi. Gitt mat, Kolleegeinnen a Kolleege, op de Wee, fir eng nei Seductionsstrategie auszuschaffe fir d'Vermaartung vum Lëtzebuurger Wäin. An doru reit sech automatesch déi vum ganze Lëtzebuurger Land. “Small is exotic”, d'Virdeeler sinn net ze toppen: d'Qualitéit, d'Präisqualitéit, d'Transparenz, d'Nohaltegkeet, d'Regionalitéit, d'Proximitéit. Dat ass alles do.

Här President, eise Wee, eist Zil, dat huet d'CSV lech hei opgezechent.

Als Konkusioun, léif Kolleege: Wann Dir eppes maache wëllt fir de Lëtzebuurger Wäibau, dann drénkt Lëtzebuurger Wäi mat Verstand a mat Verantwortung.

■ **Plusieurs voix.**- A!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- An iwwerzeegt och Är Frënn an Är Bekannten, et och ze maachen. Dat ass nohalteg Ënnerstëtzung. Dann hutt Dir wierklech eppes gemaach fir d'Musel, an dës Debatt an der Chamber war net ëmsoss.

Dir kënnt den nächste Weekend op d'Fête des vins et créments kommen. Dir kënnt op d'Musel goe bei d'Wënzer. Dir kënnt Wäin kafen an de Geschäfte bei hinnen. Macht eppes, hëllef hinne, ënnerstëtzt se! Dat doten ass déi beschten Ënnerstëtzung! An d'Lëtzebuurger Wënzer verdéngen eis Ënnerstëtzung an hirem schéine Beruff. Et ass einfach, et ass no bäi, et ass nohalteg a gëtt hinnen Unerkennung an dee Stellewäert, dee se verdéngt hunn.

Villmools merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Modert. An nächsten ageschriwwene

Riedner ass déi honorabel Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Tess Burton (LSAP).**- Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleege, an der Agrarkommission beschäftege mer eis reegelméisseg mat den Eerausforderungen an der Landwirtschaft, virun allem mat der Orientéierung vun der zukünftiger europäescher Agrarpolitik. De Wäibau ass een Deel dovun, kënnt awer an den Diskussiounen oft ze kuerz.

Aner Sektoren an der Landwirtschaft stinn am Kontext vum Klimawandel a vum Verloscht vun der Biodiversitéit éischter am Mëttelpunkt vum öffentliche Interessi an och oft dowéinst an der Kritik. Vun de Wënzer gëtt dobäi net vill geschwat. Dat beedeit awer net, dass si vun all deene Verännerungen net betraff sinn a sech net missten u verännert Wiederbedéngungen an un en neie reglementaresche Kader upassen.

Des Weidere fënnt grad d'COP26 statt, wou d'Wei-che gesat ginn, wat de Kampf géint de Klimawandel ugeet. An hei zu Lëtzebuerg ass d'Strategie an der öffentliche Consultatioun, déi am Kader vun der zukünftiger gemeinsamer Agrarpolitik soll ëmgemat ginn, amgaangen ofgeschlossen ze ginn. Et ass deemno gutt, sech d'Situatioun vun de Wënzer, wéi se haut ass, méi genau unzucken an doriwwer ze schwätzen, wéi d'Politik hinne kann hëllefen, d'Eerausforderunge vun der Zukunft ze meeschteren.

An och grad dës Woch ass de Moment, fir dësen Debat heibannen ze hunn, ganz gutt. Well d'nächst Woch - et ass schonn e puermol gesot ginn - wäerte mer alleguer op eis Wënzer kucken, sief dat duerch den Anniversaire vun der Erfollegsgeschicht vun 30 Joer Lëtzebuurger Cremant oder duerch d'Fête des vins et créments, déi d'nächst Woch stattfënn, wat deen éischte grouse Rendez-vous säit der Pandemie ass, wou d'Wënzer erëm endlech de grouse Public invitéiere kënnen, fir hir Wäiner schmaachen ze kommen.

Här President, wéi geet et de Wënzer haut? Esou pauschal léisst sech déi Fro net beantweren. No e puer iwwerduerschsnëttlech waarmen an dréchene Summeren an deem Joer engem killen a verreente Summer mat Iwwerschwemmungen ass d'Situatioun vun deenen eenzelne Wënzerbetriber net iwwerall déi selwecht. Verschidder si ganz gutt mat deene Wiederbedingungen eens ginn. Anerer hate méi Schued. Dat ass a sech net nei. D'Fäegkeet, all Joer erëm dat Bescht aus wieselnde Wiederkonditiounen ze maachen, gehéiert fir all Wënzer zu de Grondvoraussetzunge vu senger Aarbecht.

Generell kann ee soen, dass de Wäibau gutt do steet. Lëtzebuerg produzéiert Wäiner vu konstant héijer Qualitéit, soudass een trotz Wiederschwan-kungen net vu schlechte Jore ka schwätzen.

Nieft dem Wieder hat d'Pandemie natierlech och en Impakt op de Wënzer hir Aarbecht déi lescht zwee Joer. Zum Gléck konnt d'Aarbecht an de Wéngerten an an de Kellere wéi gewinnt weidergoen. De Landwirtschaftsminister huet dat esou gutt wéi méiglech ënnerstëtzt, och andeems hie gehollef huet, d'Areess vu Saisonsaarbechter ze erlichteren, an och ausgehollef huet mat gratis Tester, déi hien zur Verfügung gestallt huet.

Trotzdem war dat Ganzt awer net esou einfach, ëmmer genuch Leit ze fannen. Dowéinst wëll ech och hei déi Initiativ vun der ADEM nach eng Kéier erwänen, wou Chômeure geholl gi sinn, fir an de Wéngerte respektiv bei der Lies ze hëllefen. An do wier ech ganz frou, och vum Minister herno e puer Wuert nach eng Kéier do derzou ze héieren, wat fir eng Konkusioun hien aus där Erfahrung do kann zéien an ob dat eng Initiativ ass, déi een alljoers fir d'Lies kéint widerhuelen.

Déi meescht Problemer an der Pandemie haten d'Wënzer awer, wat de Verkaf ugeet. Et konnte jo keng Foiran a Wäifester organiséiert ginn. D'Schmaachstufte waren zäitweis op, mee domat eleng konnt net alles ausgeglach ginn. E grouse Verloscht haten d'Wënzer awer virun allem doduerch, dass den Horeca-Secteur esou laang huet mussen zoubleiven an den Evenementéit bal ganz ewechgefall ass. Besonnesch den Ofsaz vum Cremant huet dorënner gelidden, dass keng Fester konnten organiséiert ginn.

De Landwirtschaftsminister huet deem a sengem Paquet de relance Rechnung gedroen. D'Wënzer kruten eng Direkthëllef vu 5.000 Euro. De Staat huet awer och fir d'Wënzer hir Contributioun fir de Fonds de solidarité viticole iwwerholl. An et goufen zousätzlech Gelder dem Fonds de solidarité viticole zur Verfügung gestallt, fir kënne méi Publicitéit während der Pandemie ze maachen.

Mee d'Wënzer hunn och selwer no Léisunge gesicht. Vill vun hinnen hu sech adaptéiert, andeem si zum Beispill en Onlinewäischmaachen organiséiert hunn a sech och verstärkt op den Onlineverkaf konzentréiert hunn. Verschidde Wënzer hu sech en Onlineshop zougeluecht, anerer hunn, wéi och schonn erwänt ginn ass, op der Plattform Letzshop, wou si gratis Member konnte ginn, matge-





maach an hunn do hir Produiten an d'Vitrinn gestallt an och verkaaft.

Wéi a villen anere Beräicher, gouf et noutgedrongen eng nei Dynamik, wat d'Digitaliséierung ugeet. An dat ass och wichteg, fir sech fir d'Zukunft méi breet opzestellen.

Mee och d'Gemengen hu versicht, d'Wënzer ze ënnerstëtzen. Zum Beispill huet d'Gemeng Gréiwemaacher, déi d'lescht Joer kee Wäimaart konnt organiséieren, eng Aktioun mat enger Wäibox an d'Liewe geruff gehat, déi d'Leit sech konnte kafen, fir nei Wäiner kënnen ze schmaachen. Mat där Aktioun konnten iwwer 300 där Këschten à sechs Fläsche verkaaft ginn. Dat waren iwwer 2.000 Fläschen, déi eleng eng Gemeng duerch hir Aktioun bei de Wënzer akafe konnt.

Här President, d'Schmaachstufte bleiwe weiderhin e wichtegt Element fir d'Promotioun, a besonnesch fir den Direktverfak. Et ass wichteg, dass de Client en direkte Kontakt zum Wënzer sengem Betrib huet. Dat ass nach ëmmer dee gréissten Erfollegskritt bei der Vente. Dofir musse mer och eise Schmaachstufte en klore gesetzleche Kader ginn. Dat huet d'Regierung och an hirem Koalitiounsaccord festgehalen, dass si déi legal Basis dofir wëlle schafen. An hei géif ech och gären de Minister froen, wou mer do dru sinn, wéi eng Analysen do scho gemaach gi sinn, fir eng Léisung auszeschaffen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Promotioun an d'Vermaartung wäerten och an Zukunft eng vun de groussen Erausfuenderunge fir d'Wënzer bleiwen. Eng weesentlech Roll spillt hei natierlech de Fonds de solidarité viticole, deen als Missioun huet, de Bekanntheetsgrad an den Image vun de Lëtzebuerger Wäiner a Cremanten ze verbesseren. Et gëtt nun emol eng staark Konkurrenz vun auslännesche Wäiner an eng Bevëlkerung zu Lëtzebuerg, déi ëmmer manner aus Traditioun op Lëtzebuerger Produkter zréckgräift.

Wat fir ee Wäin d'Leit drénken, hänkt vun hire Gewunnechten an hirem Goût of. Vill Residentë sinn Netlëtzebuerger, drénken aus Gewunnecht Wäiner aus hirem Heemechtsland a kennen déi lëtzebuergesch Wäiner emol guer net. Awer och bei de Lëtzebuerger sinn auslännesch Wäiner beléift. Am Géigenzuch hunn déi lëtzebuergesch Wäiner et awer schwéier, am Ausland hir Nisch ze fannen.

De Fonds de solidarité viticole huet de Moment eng ganz engagéiert Persoun fir si schaffen, huet e Komitee, deen d'Richtung ugëtt, an dat op Basis vun enger Marketingstrategie, déi virun enger Rei Joren définéiert gouf. Deemools, wéi déi Strategie presentéiert ginn ass, dat war 2017 - jo, do war den Här Etgen nach Landwirtschaftsminister -, dunn ass virun allem ënnerstrach ginn, dass dëst eng gemeinsame Strategie wär, déi vun deenen dräi Acteuren géif gedroe ginn: der Kooperativ, de Privatwënzer an dem Wäinhandel. An dës Strategie kéint och just zesummen ëmgesat ginn.

Deemools war festgehalen ginn, dass een de Rivaner erëm méi valoriséiere sollt, dass fir de Lëtzebuerger Wäin den däitschen an de belsche Marché Prioritéit hätten an dass dee Planning bis 2019 sollt ëmgesat ginn. Haut, no fénnef Joer, misst een eng Evaluatioun maachen: War dës Strategie deemools déi richteg? Sinn déi Ziler erreecht ginn? A virun allem misst een definéieren, wéi et an Zukunft weidergeet. Wou kënnen Verbesserung gemaach ginn? Wou sinn nei Erausfuenderungen? An a wéi eng Richtung soll de lëtzebuergesche Wäibau goen? A virun allem, wat ganz wichteg ass: Wéi kritt een den Zesammenhalt zwëschen all den Acteuren erëm méi gestärkt, fir dës Erausfuenderung och zesummen unzegoen?

Hei wollt ech de Minister froen: Gouf eng Evaluatioun vun där Strategie vun deemools gemaach? Goufen déi Initiativen, déi deemools zesummen decidéiert gi sinn, ëmgesat? A wou ass een net esou virukomm, wéi vläicht geplangt? A wat ass déi gemeinsame Strategie fir déi nächst Joren?

Här President, et ass wichteg, dass een och grad elo probéiert, och beim Wäin den Trend ze notzen, dass Konsumenten am Kader vun der Pandemie déi lokal Produkter erëm méi entdeckt hunn. Doriwwer eraus musse mer d'Bewosstsinn bei de Leit stärken, dass de Lëtzebuerger Wäin net nëmmen e Qualitéitsprodukt ass, mee dass ee mat sengem Choix, Wäin aus der Regioun ze kafen, eis Wënzer ënnerstëtzt an domat den Erhalt vun der Kulturlandschaft hëlleft ze garantéieren.

D'Wäibierger prägen d'Landschaftsbild am Osten. Si maachen e groussen Deel vun der Attraktivitéit vun där Regioun aus. Leider iwwersi vill Leit, dass dohannert vill Aarbecht vun de Wënzer stécht, déi ekonomesch mussen iwwerliewen. Mir brauche Konsumenten, déi net nëmmen de Präis vun enger Fläsch Wäi kucken, mee déi och de Wäert vun engem Qualitéitsprodukt kennen, dat enk mat eiser Kultur a mat eiser Landschaft verbonnen ass.

Ech géif mer wënschen, dass et dem Fonds de solidarité viticole geléngt, zesumme mat allen Acteuren, de Wäert vun eisem gudde Lëtzebuerger Wäin

nach besser ze vermëttelen. Nëmmen esou ka garantéiert ginn, dass all d'Wënzer e faire Präis fir hiert exzellent Qualitéitsprodukt kréien.

Här President, fir d'Relatioun tëscht dem Wäin an der Schéinheet vun der Regioun méi siichtbar ze maachen, ass den Önotourismus eng gutt Méiglechkeet. Do muss d'Gesamtoffer stëmmen. D'Hotellerie an d'Restauration sinn zwee wichteg Facteuren, woubäi grad dee Secteur ferm ënnert der Pandemie gelidden huet an et op der Musel einfach net genuch Iwwernuechtungsplaze gëtt.

D'Zesummenaarbecht vun deene verschiddenen Acteuren ass hei ganz wichteg. Den ORT Miselerland mécht vill Efforten, fir den Önotourismus ze fërderen. Allerdéngs kann d'Vernetzung iwwert d'Regioun eraus, notamtment mam LCTO oder mam GIE Luxembourg for Tourism, och mat aneren ORTen nach verbessert ginn. D'Touriste sollen net nëmmen eng Regioun hei zu Lëtzebuerg entdecken, mee mir missten et fäerdegbréngen, dass mir hinne vill Atoute vun eisem Land kéinte weisen.

E positiven Impakt hu sécher och hei déi vill Projeten, déi iwwert de Leader Miselerland ënnerstëtzt ginn. Als Beispill wëllt ech hei zum Beispill dee rezente Projet „Via mosel“ ervirhiewen, deen den Touristen d'Architektur an der Muselregioun, déi a Relatioun mam Wäin steet, méi no bréngt.

Fir den Önotourismus wär et immens wichteg, wann de Centre mosellan zu Éinen endlech kéint opgoen - et ass schonn ugeschwat ginn. Hei soll nämlech eng éischt Ulafstell fir den Tourist geschaaft ginn, wou hie sech iwwer eis Wënzer informéiere kann. Dëse Projet schleeft scho säit Joren: 2018 konnt no laangen Diskussiounen endlech de Grondstee geluecht ginn, mee leider war dat net den Ufank vun Enn souzesoen; d'Aarbechten hu sech elo déi lescht Joren an d'Längt gezunn. Ech mengen, aktuell ass den Datum vum Joer 2024 gesot ginn, dass d'Diere sollen opgoen, fir dass do kënn Gäscht empfaange ginn.

Här President, wa mer de lokale Verfak vu Wäi wëllen ënnerstëtzen, da musse mer Attraktiounspunkte schafe fir d'Leit, déi Vakanz doheem maachen a si encouragéieren, gläichzäiteg bei eis Wënzer ze goen.

Dat selwecht gëllt natierlech och fir auslännesch Touristen, woubäi et natierlech méi schwiereg gëtt, wann déi net nëmme bei hirer Visitt Wäi kafen, mee herno gäre géifen online bestellen. Den Export vu klenge Quantitéite Wäin ass ganz opwenneg an net rentabel fir d'Wënzer. Während eng eenzel Persoun am europäesche Bannemaart eng verhältnisméisseg grouss Quantitéit Wäi fir den eegene Bedarf einfach ka mat iwwert d'Grenz huelen, esou ass dat fir e klenge Wënzer, deen e puer Fläsche Wäin an d'Ausland wëllt verkafen, net esou.

Do stellt sech d'Fro, ob een dofir keng gemeinsame Léisung kéint fannen; vu dass en Deel vum Problem Steieren an Accisë schéngen ze sinn, misst dat mam Finanzminister a warscheinlech souwisou um europäeschen Niveau gekuckt ginn. Et gëtt do och e Grupp, dee sech där Problematik an engem Interregs-Projet ugeholl huet. Do ass eng ganz wichteg Recherche an och Aarbecht gemaach ginn, déi elo um politeschen Niveau onbedéngt misst weidergoen.

Dofir géif ech och hei de Minister gäre froen, ob hie weess, dass dat ganz opwenneg ass, wann e Wënzer gären an d'Ausland wëllt verkafen, an ob et hei um europäeschen Niveau kéint zu Verbesserung kommen. Jo, ob mer do kéinte Verbesserung fir d'Wënzer maachen.

Dee leschte Punkt, deen de Gilles Baum a senger Interpellatioun uschwätzt - deem ech och iwwerengs nach wëll Merci soe fir déi Initiativ hei -, betrëfft d'Auswierkunge vun der Reform vun der PAC op de Wäibau. Enk domat verbonne sinn d'Theme Klimawandel a Biodiversitéitsverloscht. Zum enge stellt sech d'Fro, wéi resilient d'Wënzerbetreiber am Kontext vum Klimawandel sinn. Anerersäits musse si, wéi all anere Secteur, och e Bäitrag leeschten, fir schiedlech Emissiounen ze reduzéieren an d'Biodiversitéit ze erhalen.

D'Bäihëllef, déi am Kader vun der PAC gereegelt ginn, mussen d'Betriben op béiden Aspekter stärken. Eng Stärkte-Schwächen-Analys vum Ministère huet erginn, dass d'Lëtzebuerger Wënzerbetreiber eigentlech ganz gutt do stinn. Positiv wierkt sech d'Orientéierung hin zu Qualitéitswäiner aus. Déi ze erwaardend Klimaverännerunge stinn deem net am Wee, au contraire: Déi méi héich Temperature verbesseren éischter d'Chancë fir de Wäibau.

Bei extreem waarmen an dréchene Summers stellt natierlech awer och am Wäibau d'Waasserversuerung e Problem duer. D'Situatioun gëtt awer net esou schnell kritesch, wéi dat an anere landwirtschaftleche Beräicher de Fall ass. Sollt et en dauerhaften Trend an déi Richtung ginn, wäert et och méi schwiereg ginn, déi typesch Charakteristike von de Lëtzebuerger Wäiner ze erhalen.

Dank deenen héijen Investitiounen, déi de Staat iwwer all déi Jore fir de Remembrement gemaach

huet, profitéieren eis Wënzer vun enger gudder Strukturéierung vun den Terrainen: Ëmmerhi si ronn 80 % vun de Wäibauflächen remembréiert oder an enger Remembrementsprozedur. E Projet de loi, deen d'Ziler vum Remembrement ausdeent a souwuel de Landschaftsschutz wéi och den Naturschutz am ländleche Raum mat berücksichtegt, ass um Instanzewee an dierft an absehbarer Zäit kënn gestëmmt ginn.

Här President, d'Wënzer sinn e wichtigen Alliéierten, wann et ëm den Nauterschutz geet. Hei gëtt et nach vill Potenzial. Allerdéngs sinn ëmweltschouend Aarbechtsmethode meeschtens mat enger héijer Aarbechtsbelaaschtung a mat manner Rendement verbonnen. Staatlech Bähëllef mussen déi Verloschter ausgläichen, fir dass d'Wënzerbetreiber ekonomesch fiabel bleiwen. Dat gëllt besonnesch fir déi Wënzer, déi op de Bio-Ubau ëmstellen, deen d'Regierung konsequent wëllt ënnerstëtzen. Besonnesch opwenneg ass d'Aarbecht a ganz géien an terrasséierte Lagen. Mee grad dës Parzellen hunn en extreem héije Wäert fir d'Biodiversitéit a sinn och landschaftlech ganz reizvoll.

Och Wënzer, déi net op de Bio ëmstelle wëllen, hu vill Méiglechkeeten, méi nohalteg ze schaffen. Si kënnen zum Beispill e Bäitrag leeschten am Kampf géint d'Buedemerosioun. Gëtt de Buedem mechanesch gelockert a begréngt, kann ausserdeem op Herbizide verzichten ginn. Entsprechend weéneg Problemer haten d'Wënzer och mam Glyphosatverbuet.

Här President, d'Wënzer hunn also duerch Perspektiven, fir op eng nohalteg Manéier gudde Wäin ze produzéieren, mee si brauchen dofir déi néideg Ënnerstëtzung. D'Viraussetzung si gutt an déi nei PAC setzt bei de Bähëllefen déi richteg Akzenter.

Déi nei Primmverdeelung wäert de Wënzer entgéintkommen, well d'Betriben mat méi klenge Flächen an Zukunft verstärkt ënnerstëtzt ginn. Verännerunge bei de Primme wäerten insgesamt éischter Virdeel fir d'Wënzer bréngen, wa si Efforte maachen an de Beräicher Klimaschutz an Naturschutz.

Zu Verbesserung wäert et bei der Ënnerstëtzung vu genossenschaftleche Vermaartungsstrukturen kommen. Den Top-up fir d'Investissementen, fir d'Direktvermaartung bleift erhalen. Speziell Maschinne fir de Wäibau, déi et erméiglechen, méi nohalteg ze schaffen, wäerte weiderhi subsidiéiert ginn.

Innovatioun a Recherche wäerten ëmmer méi wichteg ginn, sief et bei der Entwécklung vun neie Maschinen, der Digitaliséierung, Verännerunge bei den Aarbechtmethoden oder bei der Züchtung vun neie Riefzorten. Gläichzäiteg gewënnt d'Aus- an d>Weiderbildung vun de Wënzer u Bedeitung.

Et ass immens flott ze gesinn, dass vill Wënzerbetriben vu Jonken iwwerholl ginn, déi eng zolidd Ausbildung am Ausland gemaach hunn an hir Iddie mat an de Familljebetrieb erabréngen. Et gesäit ee virun allem eng gewëssen Innovatioun, déi déi jonk Leit matbréngen. Ech denken hei gären un eng jonk Wënzerin, déi, fir d'Spréizen am Wéngert ze reduzéieren, op de Wee gaangen ass, Schof mat an de Wéngert ze huelen, déi déi Aarbecht iwwerhuelen. Anerersäits denken ech un zwee jonk Kärelen, déi de Courage haten, nei Betriben ze grënne mat Wéngerten, déi net laanscht d'Musel bléien, mee déi op der Sauer erëmfefanne sinn. A jo, och do kann ee gudde Wäi maachen, wéi déi zwee Betriben dat och weisen.

Här President, mir hunn de Moment ganz vill esou jonk innovativ Wënzer a Wënzerinnen an de Betriben. Dat doet dem Lëtzebuerger Wäibau richteg gutt. Déi Kombinatioun vun Traditioun an Innovatioun garantéiert dem Lëtzebuerger Wäibau eng ganz villversprechend Zukunft.

Déi nei PAC wäert hinnen d'Méiglechkeet ginn, sech den Erausfuenderunge vun der Zukunft ze stellen. Als Politiker musse mer d'Entwécklung am Wäibau weiderhi begleeden, fir dass déi jonk Wënzer vun haut kënn mat Zouversicht de Familljebetrieb iwwerhuelen a mat Motivatioun an engem ganz schéine Beruff schaffen. Dat ass net nëmmen an Interesse vun all deenen, déi gäre e qualitativ héichwäertege Wäi wëllen drénken, mee vun eis alleguer, wa mer eng vun deene schéinste Kulturlandschaften zu Lëtzebuerg hei wëllen erhalen.

An dofir brauche mer eis Acteuren am Wäibau alleguer: d'Privatwënzer, d'Kooperativ an de Wäinhandel. An nëmmen zesumme kënn si dës Erausfuenderunge meeschteren.

Domat soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Präsident.***- Merci villmools, Madamm Burton. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Chantal Gary (*déi gréng*).**- Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, als houfreg Miselerin freeën ech mech natierlech extra, hei an der Chamber kënnen zu esou engem flotte Sujet Stellung ze huelen. A merci un de Gilles Baum fir d'Ufro vun dëser Interpellatioun.

De Lëtzebuerger Wäibau huet immens vill ze bidden. Dat war och schonn de Konsens, dee bei der leschter Debat zum Wäibau am November 2016 erauskomm ass.

Fir kuerz op den Historique anzegoen: De Lëtzebuerger Wäibau huet a senger Vergaangenheet scho vill Héichten an Déifte missen erliewen. Ufangs vum 20. Joerhonnert huet déi amerikanesch Rieflaus quasi dat ganz Wäigebitt op der Lëtzebuerger Musel zerstéiert, soudatt de Wäibau un eiser Musel gezwonge gouf, sech komplett nei opzestellen.

An de 60er-Jore koum mat der Grënnung vun der Vinsmoselle, esou wéi mer se haut kennen, der Grënnung vun der Privatwënzervereenegung, déi alle béid dëst Joer 55 Joer feieren, souwéi der Aféierung vun der gemeinsamer Agrarpolitik vun der EU nees neie Wand op d'Musel.

An an den 90er-Jore gouf mam Lëtzebuerger Cremant en neie Produit agefouert, deen den Ufank vun enger neier Successtory markéiert. En plus: Dëst Joer feiert eise Lëtzebuerger Cremant 30 Joer.

D'Erfollegsgeschicht schwätzt fir sech. Nach virgëschet gouf um Site vu Vins et crémants matgedeelt, datt pro Joer 3 Milliounen Fläsche Cremant zu Lëtzebuerg produzéiert ginn. Wann ee sech deen 30-Joresrhythmus esou ukuckt, wéi ech dat elo opgezielt hunn, wier et u sech nees un der Zäit fir eng nei Ära op der Musel, eventuell fir eng Revolutioun op eiser schéiner Musel.

De Wäibau spillt eng wichteg Roll bei eis am Land, an dat a vill verschiddene Voleten. Net nëmmen ass eis Musel e wichtege wirtschaftlechen ...

(*Brouhaha*)

■ **Plusieurs voix.**- Psch!

■ **Mme Chantal Gary (*déi gréng*).**- Kënn Der wannechgeléift e bësse méi lues sinn? Merci.

De Wäibau spillt eng wichteg Roll bei eis am Land, an dat a ville verschiddene Voleten: Net nëmmen ass eis Musel e wichtege wirtschaftleche Produktionsstanduert, deen Aarbechtsplaze schafft an héichwäerteg Produite vermaarkt, en dréit och zum Nation Branding bäi.

Eis Musel ass e beléiftent Zil fir Kultur an Önotourismus. A vun hei aus ginn de Wënzer hir Produiten och mat bis iwwert d'Grenz gedroen, wou si e ganz gudde Ruff genéissen.

An net zu Lescht ass eis Musel eng Kulturlandschaft, wéi mer se just eemol bei eis hunn an déi et ze erhale gëllt. An deem Zesammenhang muss een déi dräi Secteuren am Lëtzebuerger Wäibau ernimmen, déi dës Kulturlandschaft exploitéieren a fleege. Dat wieren: d'Vinsmoselle, d'Privatwënzer an de Wäinhandel.

E puer Wuert zu der Drauwelies vun dësem Joer. D'Wënzer weise sech relativ zefridde mat der Lies vun dësem Hierscht, déi jo elo just ofgeschloss gouf. Et ass wuel net dat ertragräichst Joer, well déi vill Fiichtegkeet leider och vill Fäulnis mat sech bruecht huet. Trotzdem kënn mer vun engem flotten traditionelle Joergang schwätzen, esou wéi mer e säit ville Joren op der Musel kennen. Keen iwwerdriwwenen Oechsle-Gehalt an eng gewësse Seier, déi sech nach iwwert de Wanter apendele wäert, wat zum Beispill fir de Cremant u sech tiptopp Viraussetzunge sinn.

Ech mengen, et kann ee soen, datt mer dëst Joer gastronomesch fei Wäiner wäerte kréien, déi manner opulent a gehaltvoll sinn, wéi et wuel déi lescht zwee, dräi Joer de Fall war, wat awer absolutt net negativ muss sinn. A wéi all Joer schwätze mer vun enger gudder Qualitéit bei eise Wäiner. Dat gëtt net einfach just gesot, well et sech gutt unhéiert, mee dat ass tatsächlech Realitéit.

Een Hauptgrond ass, datt scho säit Längerem nei Methoden ugewannt ginn, déi als Zil hunn, bewosst manner Ertrag ze hunn, soudatt de Riefstack seng ganz Kraaft a Vitalitéit un déi puer Drauwe ka ginn, déi dann tatsächlech um Stack wuessen. Deen Ertrag, deen also bewirtschaft gëtt, entsprécht enger méi héijer a besserer Qualitéit.

Fir e puer Beispiller ze ginn, wéi d'Methode sech geännert hunn an ugepasst hunn: Soss hu mer zum Beispill beim Uschnëtt zwee, dräi Billeke gehat, mëttlerweil huet de Gros vun eise Wéngerte just nach ee Billek pro Stack. Dann huet d'Ausbildung fir d'zukünfteg Wënzer a Wënzerinne sech weider verbessert, d'nämmleche wéi d'Ekipement an der Kellerei. En plus ass mat der Aféierung vun der neier AOP viru sechs Joer, déi als Haaptzil huet, d'Qualitéit vun de Wäiner ze steigern, och de Rendement erofgesat ginn.

An de Konsument gëtt dem Wënzer Recht! Allgemeng gëtt zwar manner Wäi gedronk, respektiv de Konsum vum klassesche Rivaner an Elbling geet zréck, mee d'Nofro vu sougenannten Edelzorten - spréck Riesling, Pinot gris, Auxerrois, Pinot blanc - geet weider an d'Luucht.

Wéi ech virdru schonn erwäänt hunn, huet déi vill Fiichtegkeet dëst Joer och vill Fäulnis mat sech





bruecht. Mir spiere mëttlerweil ganz, ganz daitlech e Wandel vun eisem Klima. 2018, 2019, 2020: Wochen a Wochen Héichsummer, extreem Dréchent, vill ze mann Reen, jonk Wéngerten, déi knapps iwwerlieft hu respektiv vill méi laang brauchen, fir iwwerhaupt unzekommen, Verbrennungen a Waassermangel. Dann dëst Joer, 2021, de komplette Géigendeel: Reen, Fiichtegkeet, kaum Sonn, Fäulnis a Krankheeten. D'Wiederextreemer ginn ëmmer méi daitlech. An dat mécht Suergen.

Duerch déi mëll Wanteren, déi mer déi lescht Joren haten, waren eis Riewen éischter an der Bléi wéi gewinnt - wat awer da problematesch gétt, wann dann op eemol e Spéitfrascht kënnt. Well och wann de Klima um Wiesselen ass - déi Äishelleg, déi gétt et ëmmer nach.

Dann de Risk vum Ausbroch vun invasive Schädlinge gétt duerch déi global Erwärmung an eise Géigenden ëmmer méi héich. „Se sti virun der Dier“, soen d'Wënzer. Ee Beispill hu mer mat der asiatescher Kirschessigfliege. 2014 gouf se als Éischt bei eis op der Musel nogewisen. Hei hunn d'Wënzer sech séier missen adaptéieren, fir deem Schädling Meeschter ze ginn.

Duerch déi Imprevisibilitéit vun de Wiederkonditiounen, gétt d'Aarbecht am Wéngert ëmmer méi schwéier fir Wënzer a Wënzerin. Hei kann ee sech kee Plang am Virus maachen, un deem ee sech dann hält. Mee hei muss een Dag fir Dag d'Wieder am A halen, reagéieren, wann et néideg ass, ëmmer nees nei evaluéieren, wat d'Riewe grad brauchen. Et ass virun allem immens vill Presenz am Wéngert gefuerdert.

D'Léisung, fir all deene Cointrainen an Erausforderungen entgéintzewierken, sief et deene verschiddene Pilzkrankheeten oder aner Schädlingen, duerf net sinn, dass den Ausstouss vu Pestiziden einfach an d'Luucht géif gesat ginn. Mir brauchen hei aner Léisungen, ekologesch Léisungen, naturfrëndlech Léisungen. Well mir befannen eis net nëmmen an enger Klimakris, mee virun allem si mer an enger Biodiversitéitskris - d'Arteuvillfalt op der Äerd hëlt weltwäit drastesch of! A virun allem brauche mer gesonde, fruchtbaren an narhafte Buedem, wa mer e bewirtschafte wëllen. Mat der Buedembegrünung gi mer do natierlech schonn an eng gutt Richtung.

Fir kuerz e bekannten däitsche Wëssenschaftsjournalist ze zitéieren, den Dirk Steffens: „De Klimawandel bedrot d'Gesellschaft, an där mir liewen, mee d'Aartestiewe bedrot eis Existenz. Well, wann d'Insektestierwen an d'Vugelstiewen esou weidergeet wéi bis elo, dann hu mer geschwé keng Landwirtschaft méi“, an natierlech och kee Wäibau. „Dann hu mer och keng Nahrungssécherheet méi. A wa sech dat global fortsetzt, da stinn eis nach vill méi grouss Krise bevir, wéi déi vum Klimawandel.“

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Chantal Gary** (*déi gréng*). - Wat ech domadder soe wëll, dat ass, dass et immens wichteg ass, dass mer net waarden, bis et ze spéit ass, mee elo schonn d'Chance notzen an eise Wäibau esou nohalteg, naturfrëndlech, spréich biologesch, biodinamesch wéi méiglech kultivéieren.

Wéi ech virdru scho gesot hunn: Virun allem beim biologesche Wäibau muss een immens present am Wéngert sinn. Zum Beispill mécht et hei Sënn, a Jore wéi dësem zum Beispill, dass de Biowënzer méi dacks Planzeschutzmëttel ausdroe geet - biologesch, wuelverstanen -, ouni awer d'Spréitzquantitéit ze erhéijen, mee einfach fir e permanente Schutz ze hunn, dee prophylaktesch ass, an d'Riewen esou géint all méiglech Pilzkrankheete geschützt sinn.

Hei ass héich Sensibilitéit gefrot. Et muss een e Gespier fir d'Situatioun kréien, d'Wieder permanent am A halen an deementspriedend reagéiere kënnen.

Dann: Mir sinn dat éischt Land, dat de Glyphosat verbueden huet. Do gouf et ufangs och eng gewësse Skepsis bei verschiddene Leit. Mee am Endeffekt kruten d'Wënzer sech gutt adaptéiert, virun allem och, well d'Technik sech an deene leschten zéng Joer extreem weiderentwéckelt huet an et fäerdegbruecht huet, ëmweltfrëndlech Alternativen unzebidden.

Natierlech ass och hei de Staat gefuerdert, fir dem Wënzer entspriedend Ënnerstëtzung bei der Uschafung vun esou Material ze garantéieren. An dat sollte mer besonnesch elo, wou d'Strategie am Kader vun der neier GAP ausgeschafft gétt, am A behalen, well mer sinn der EU-Kommissioun no gefuerdert, fir eis Landwirtschaft méi nohalteg ze wirtschaften. An do duerfe mer de Wäibau natierlech net vergiessen.

Komme mer als nächst op PIWI-Zorten ze schwätzen, also pilzwiderstandsfäeg Riefzorten. Mir hunn elo scho vill vu verschiddene Pilzkrankheete geschwat, sief et Oidium, Peronospora, Botrytis, déi de Wënzer vill Suerge maachen. D'PIWI-Zorte kënnen eng Léisung sinn, wéi zum Beispill Cabernet blanc, Cabernet noir, Pinotin, Muscat bleu, Sauvi-

gnac. An hei gi jo och scho vill Versich beim IVV, dem Institut viti-vinicole, gemaach.

PIWI-Zorte brauchen an der Reegel guer net mat Planzeschutzmëttelen traitéiert ze ginn. Allerdéngs, wann d'Wiederkonditiounen ze extreem sinn, wéi dat zum Beispill dëst Joer och de Fall war, da kann et virkommen, dass och PIWI-Zorten e puermol traitéiert mussen ginn, wat awer ëmmer nach vill manner ass, wéi wann een déi klassesch Cepagen traitéiere geet. En gros mussen PIWI-Zorten zu 80 % manner traitéiert gi wéi déi klassesch, wat jo schonn enorm ass an eng grouss Plus-value fir eis Biodiversitéit.

Eng Contrainte allerdéngs, géint déi d'PIWI-Zorte sech nach duerchsetze mussen, ass, dass se beim Konsument nach net esou bekannt sinn. De Lëtzebuerger Konsument ass zum Beispill haaptsächlech Mono-Cepagë wéi de Pinot gris, den Auxerrois oder de Riesling gewinnt. Mee och do gétt et Léisungen!

De Wënzer respektiv d'Wënzerin muss kreativ ginn. An hei komme mer nees op eisen erfollegräiche Cremant ze schwätzen. Zum Beispill kann een ouni Weideres PIWI-Zorten am Cremant verschneiden, well dat jo souwisou meeschtens kee Mono-Cepage-Wäi respektiv Mono-Cepage-Cremant ass, oder et kreéiert een eng flott Cuvée a fuerdert esou d'Attraktivitéit vun de pilzwiderstandsfäege Cepagen.

Et ass op alle Fall nach vill Potenzial no uewen. Den Ament si laut dem IBLA, dem Institut fir biologesch Landwirtschaft an Agrikultur Lëtzebuerg, Stand August 2020, 18 Betriber op 45 Hektar biologesch zertifizéiert. Weider 18 Hektar befanne sech an der Ëmstellung op eng biologesch Bewirtschaftung. Domat si mer bei knapps 5 % vun der gesamter Lëtzebuerger Wäibaupfläch, déi biologesch zertifizéiert bewirtschaft gétt. Am Verglach zu eisen Nopeschlänner leie mer hei ënnert der Moyenne.

Wat mir perséinlech awer opfält a menger Meinung no och eng ganz spannend a flott Entwécklung ass: De Gros vun deene Biobetriber, déi ech kennen a wou Jonker, also déi nächst Generatioun, d'Relève iwwerhuelen oder sech souguer getraut hunn, e Betrib komplett bei null ze starten, déi hunn dacks schonn eng ganz aner Sensibilitéit fir de Wäibau. An et sinn oft si, déi sech fir eng méi nohalteg Aart a Weis vum Bewirtschaften entscheeden oder och direkt op de Wee vun der Ëmstellung ginn. Dat géllt et op alle Fall ze ënnerstëtzen.

An och schéngt d'Verlaange vum Konsument fir Bioproduiten ëmmer weider an d'Luucht ze goen. Och hei iwwerhëlt de Staat eng pertinent Roll, andeems e jonke Wënzer a Wënzerinnen eng wichteg Ënnerstëtzung ass, wat am Ausland éischter manner de Fall ass.

Hei wëllt ech de Minister gär froen: Vum Terrain kënnt d'Demande, fir eng Etüd ze lancéieren, fir effektiv erauszefannen, wéi d'Consommatioun den Ament ass a wéi grouss d'Demande fir Bioproduite respektiv fir Wäiner a Cremanten aus biologeschem Ubau ass, esou dass d'Produzenten der Demanden vum Client och gerecht kënnen ginn. Envisagéiert de Minister, esou eng Etüd ze lancéieren?

Ech hunn elo scho vill vu Kreativitéit vum Wënzer geschwat. Genau dat ass och d'Stéchwuert, wa mer iwwert d'Situatioun vum Wäibau während der Covid-19-Kris schwätzen. Dem Institut Viti-Vinicole no gouf e Réckgang vu 16 % am Verkauf festgestallt. Sécherlech sinn och hei, wéi an all Secteur, déi eng besser ewechkomm wéi déi aner. Allerdéngs huet och hei de Staat säi Rôle iwwerholl an huet dem Secteur finanziell ënnert d'Äerm gegraff. Wisou de Verkauf vun hire Wäiner a Cremante réckleefeg war, ass haaptsächlech op d'Fermeture vum Horeca zrëckzeféieren. An da kënnt nach derbäi, dass keng Eventer waren.

Par contre huet d'Privatclientèle vun de Wënzer sech verstärkt an ausgebreet. De Client huet sech hei bewosst fir de Lëtzebuerger Produit entscheet an huet duerch seng Ënnerstëtzung vum Wënzer och en Zeeche vu Solidaritéit gewisen. An och hei, wéi gesot, ass nees d'Kreativitéit ervirzesträichen. D'Wënzer hu sech vill Méi gemaach, fir och während der Pandemie de Kontakt zu de Clienten ze behalen, dass iwwer Social Media, Videotasting, Promotiounsvidеоen oder Degustationsboxen. A virun allem huet den Onlinevertrieb eng grouss Roll gespillt, well säit Corona huet quasi all Wënzer entweder en eegenen Onlineshop op sengem Site oder ass der Initiativ Letzshop bäigetrueден.

Dës Situatioun huet och nach eemol ganz daitlech virun Ae gefouert, wéi wichteg d'Direktvermaartung fir de Wënzer ass. De Client appreciéiert et, kënnen bei de Wënzer an d'Kellerei ze goen, de Wäi sur place ze degustéieren, Erklärungen ze kréien an d'Infrastrukturen ze besichtigen. An natierlech ass et e grousser Luxus, dass d'Wäicommandë bei quasi all Wënzer direkt virun d'Dier geliiwert ginn.

E weidere positive Punkt, deen een aus der Covid-19-Kris zéie kann, ass, dass nees vill Leit „Vakanz doheem“ entdeckt an erlieft hunn. D'Miseler Géigend ass nees nei entdeckt ginn oder iwwerhaupt emol entdeckt ginn. Eis Musel huet jo och net just de Wäibau ze bidden, mee kleng traditionell Dierfer,

déi verféieren, schéin Esplanaden, herrlech Spad-séierweeër a flott Vélosweeër. Dorop kann a muss een opbauen an den Touristen, egal op inlännesch oder auslännesch, déi ganz Geschicht an Attraktivitéit vun eiser schéiner Musel verkafen an erzielen.

Eng super Aarbecht leescht jo och hei scho Visit Moselle oder och de Service fir Kommunikatioun an Evenementiel vum Institut Viti-Vinicol, dat an Zesummenaarbecht mat de Wënzer. Hei sinn déi lescht Jore vill Projeten an Eventer entstan, déi all als Zil hunn, de Lëtzebuerger Wäibau ze promote souwéi d'Vermaartung vun der Miseler Regioun. De Succès vun eise sëllegen traditionelle Wäifester schwätzt fir sech. Mee och de Virwëtz vun neien Eventer wéi d',Fête des vins et créchants" an der Stad den nächste Weekend oder „Wine Cheese Enjoy" oder, ganz nei, „Wine Lights Enjoy"beweisen, dass hei vill Beweegung ass an dass d'Clientèle fir eis Wënzer sécher nach net ganz ausgeschöpft ass.

Ee Punkt, deen elo warscheinlech ze kuerz a menger Interventioun kënnt an awer ze wichteg ass fir ewechzeloossen, dass sinn d'Drauwepräisser. Eist Zil misst et sinn, de Gros vun eisem Ertrag och bei eis am Land ënnerzekeréien. Well esoubal eis Drauwe fir den Export destinéiert sinn, kann ee sech bal sécher sinn, dass et keen anstännege Präis fir dës Drauwe gétt an de Wënzer keen adequate Loun fir seng Aarbecht kritt.

A souguer hu mer och bei eis am Land d'Problematik vun den Drauwepräisser. Grad d'Genossenschaftswënzer ginn ëmmer méi rar respektiv d'Nokomme sinn an deene mannste Fäll bei hinne gesécher, well de Präisdrock ëmmer méi grouss gétt an et einfach iergendwann net méi rentabel ass fir de Wënzer, fir seng Drauwen ze verkafen.

Eppes ass kloer: De Wënzer muss sech permanent dem Konsument upasse respektiv neien ongewinneten Ëmstänn souwéi sech un d'Entwécklung vun der Gesellschaft adaptéieren. Warscheinlech wäert de Konsum vu Wäin a Cremant och déi nächst fënnef oder zéng Joer nach weider erofgoen. Mee dofir wäert d'Verlaangen no nach méi Qualitéit ëmmer méi eropgoen. E Cremant an zéng Joer wäert sécher anescht schmaachen, wéi en haut schmaacht, esou wéi en haut och anescht schmaacht, wéi e virun zéng Joer geschmaacht huet, wat awer net schliëmm ass.

Fir ofzeschléisse kéim ech dann nach emol zréck op meng Ausgangsfro, wou ech a mengem Historique jo op den 30-Jores-Rhythmus agaange sinn an d'Fro gestallt hunn, ob et dann net elo erëm un der Zäit fir eng nei Ära wier. Ech mengen dach. Et ass de Moment fir en neie Moment. Mir si wuel mat eent vun deene klengste Wäibaugebidder op der ganzer Welt, wann net souguer dat klengst. Dat soll net eist eenzegt Aushängeschild sinn. Mee kommt, loosst eis en Challenge setzen: Loosst eis e Virreider sinn a mat eent vun deenen nohaltegsten, ekologeschste Wäibaugebidder op der Welt ginn! Dat wier dach emol eng flott nächst 30-Joer-Period.

Ech wier elo eigentlech fäerdeg, mee ech wollt nach op zwee Punkten agoen, déi virdrun erwähnt gi sinn, eemol zum Biodiversum zu Remerschen. Op 850 Meter gétt et eng ganz flott Jugendherberg mat 150 Better. Dat heescht, do ass d'Schlofgeleeënheet ginn.

An deen anere Punkt ...

(*Interruption*)

■ **Une voix.** - 850 Better?

■ **Mme Chantal Gary** (*déi gréng*). - 150.

Deen anere Punkt, wou et dréms gaangen ass, dass bei de Fester geschwé vläicht keng Fläsche méi kéinte benotzt ginn, well eeben d'Offallgesetz kënnt, do ass natierlech d'Suerg vun de Wënzer gehéiert ginn an et sinn och schonn Amendementer an der Ëmweltkommissioun ugeholl ginn, soudatt dass eigentlech ganz kloer ass, dass d'Fläsche weider benotzt däerfe ginn. An et steet och « à l'exception des bouteilles en verre » do. Dat heescht, do ass eigentlech keng Suerg méi ze äusseren, dass d'Wënzer géifen do op hire Cremant- a Wäifläsche setze bleiwen op den Dëppefester. Dat heescht, mir brauchen eis net ze suergen, dass mer nach weider kënnen Cremant a Wäin zesummen drénken.

Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Gary. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Fir unzefänken en härzleche Merci dem Här Gilles Baum fir seng Interpellatioun vun haut zum Wäibau.

De Beruff vum Wënzer gehéiert zu de landwirtschaftleche Beruffer, dat wëllt heeschen, dass d'Wënzer am groussen Ganze mat änleche Problemer konfrontéiert si wéi och all déi aner landwirtschaftlech Beruffer. D'Zuel vun de Wënzeribetriber ass an de leschte Jore staark zrëckgaangen: Am

Joer 2000 gouf et tëschent Schengen a Waasserbëlleg nach bal 600 Betriber; 20 Joer méi spéit sinn et der nach 268.

Wéi iwwerall am landwirtschaftleche Beräich sief gesot, dass och de Beruff vum Wënzer keen einfachen Job ass. Fir eng gutt Recolte anzefueren, brauch ee jorelaang Erfahrung a vill Wëssen: Et muss ee sech auskennen mam Aschnëtt, mat der Buedembeschafenheet, mat der Düngung an och mat weidere Facteuren an esou weider. Dozou kënnt nach déi kierperlech Belaaschtung: Zu den Héichzäite vun der Recolte ass eng 80-Stonne-Woch fir de Wënzer keng Seelenheet, an iwwerdeems besteet ëmmer eng Ongewëssheet, wat d'Quantitéit an d'Qualitéit vum Wäin ugeet.

D'Wënzer sinn nämlech och ëmmer ofhängeg vum Wieder. Opgrond vu Facteure wéi Temperatur, Reen a Frascht ass schwéier viruszegesinn, wéi fir déi eenzel Betriber d'Joer ekonomesch ausfällt. Fäulnis a Pilzbefall si weider Facteuren, déi zu dëser Ongewëssheet bäidroen.

Et muss ee grondsätzlech soen, dass och d'Beruffsbild vum Wënzer sech geännert huet. Viru Joerzénge gouf et vill Betriber, déi nieft dem Wäibau nach weider diversifiéiert waren, andeems se zum Beispill nach Bauer waren oder se hunn aner Kulturen ugeplanzt. Eis Wënzer sinn awer haut méi wéi jee ofhängeg vun enger Spart, an dat ass de Wäibau.

Et ass also e Beruff, deen engem vill Idealismus ofverlaangt. Grad dufir si mer als Politiker derzou ugehalen, eis Wënzer beschtméiglech a souwäit wéi dat méiglech ass ze encadréieren. D'Politik muss d'Jalonen esou setzen, dass d'Wënzer ënner optimale Konditiounen schaffen kënnen, hire Wäin optimal verkafen a vermaarte kënnen. An d'Politik kann hei eng ganz Rei vun Impulser ginn. An ech wëll mer dann elo erlaben, der e puer opzegräifen.

Als Éischt wëll ech op d'Neigrënnung oder och op d'Queereinsteiger, jee nodeem wéi et ass, vun engem Wënzerbetrib agoen, déi alles anescht wéi einfach ass. Wann een e Wënzerbetrib wëllt opmaachen oder iwwerhuelen, da brauch ee Land, Produktiounsanlagen a vill personell a maschinell Ressourcen. Leit, déi e Wënzerbetrib grënne wëllen, fannen dacks kee Land oder mussen hir Drauwen dacks als „Untermieter" bei enger anerer Kellerei veraarbechten. Firwat net higoen an eng Plattform op d'Bee stellen, déi eng eenheetlech Iwwersicht gétt, wou et Parzellen ze kafen oder ze verkafe gétt. Wéi och an anere landwirtschaftleche Beruffer mussen mer och eis Wënzer ënnerstëtzen, fir dass se net a bürokrateschen Demarchen ënnerginn a sech op hir Aarbecht kënnen konzentréieren.

En anere Punkt ass, dass eis Wënzer sech am Steuerberäich e bësse méi Flexibilitéit wënschen. Et ass zwar eng do vun dräi Joer, mee déi ass relativ steif, an et geet drëm, de Gewinn aus gudde Joren als Reserv unzeleeën, fir schlecht Joren ze kompenséieren oder auszegläichen. Dës Gewinn soll dann als steuerfräi, als Reserv ugesi ginn.

E weidert Uleies, wat eis Suerge mécht - an dat betrëfft all d'Beruffer am landwirtschaftleche Beräich -, ass, dass d'Betriber flächeméisseg ëmmer méi mussen wuessen, fir nach rentabel ze schaffen. Et ass eng Diskussioun, déi scho ganz al ass: Wéi subventionéiere mer Betriber sou, dass se net just op hir Fläch beurteelt ginn? Hei missten an Zesummenaarbecht vu Politik an de landwirtschaftleche Verbänn endlech Neel mat Käpp gemaach ginn, well déi Diskussioun scho relativ laang schleeft.

D'Politik muss iwwerdeems hir Verantwortung eescht huelen, fir déi ronn 1.200 Hektar Ubaupfläch fir de Wäin als e Gebitt, wat zesummenhängt, ze erhalen. D'Wënzer wëssen nämlech, dass de Risiko fir Pilzbefall a Fäulnis staark zouhëlt, wann een en zesummenhängend Ubaugebitt zerstéckelt oder a Kompartimenter opdeelt. Natierlech begrëisse mer d'Uleeë vu Biotopen. Allerdéngs däerfen dës net aschneidend an zesummenhängende Wäibaugebieder ugeluecht ginn.

Wat d'Vermaartung vum Lëtzebuerg Wäin ugeet, ass sécherlech och nach Loft no uewen. Mir begrëissen, dass de Choix u Lëtzebuerger Wäiner, besonnesch an de Supermarchéen, déi lescht Zäit staark zougeholl huet. Natierlech sinn eis Wënzer dacks mat enger deloyaler Konkurrenz konfrontéiert. Wäiner vu wäit ewech, aus Südamerika, kënnen aus verschiddenen, ënnerschiddlechste Grënn méi bëlleg verkaaft ginn, well se do méi bëlleg kënnen produzéieren, well se och manner Oplagen hunn. An ech mengen, et ass och dat, wat sech an der Qualitéit zrëckspigelt.

Dobäi sief awer gesot, dass eis Lëtzebuerger Wënzer, wat d'Qualitéit vun hirem Wäin ugeet, sech ganz sécher net mussen virun der auslännescher Konkurrenz verstopen. Eis Musel an de Knowhow vun eise Wënzer schenken eis en exzellente Wäi vu grousser Qualitéit. Wéi dat am landwirtschaftleche Beräich zu Lëtzebuerg allgemeng de Fall ass, sinn d'Oplagen, wat d'Qualitéitskontrollen ugeet, ganz streng, vläicht si se heiansdo souguer ze streng. Fakt ass awer, dass mer als Schlussresultat Wäiner vu grousser Qualitéit zrëckbehalen. An dës Wäiner solle mer och promovéieren.





D'ADR wënscht sech an deem Kontext eng méi staark Visibilitéit, wat d'Vermaarte vum Wäin ugeet. D'Lëtzebuurger Stad ass international bekannt als Kongresszentrum. Firwat net duerch eng geziilte Werbeaktioun d'Acteuren aus dem Hotel- oder dem Tourismusberäich sensibiliséieren, fir beim Ausschaffe vu Kongressoffertë systematesch eng Visitt vun eiser Musel an d'Promotioun vu Lëtzebuurger Wäiner matanzeplangen? Ech mengen, den Här Gilles Baum hat et gesot: Et ass e Kazesprong bis op d'Musel, an ech mengen, dat sollte mer dann och notzen.

Am Horeca-Beräich sinn d'Wäikaarten dacks nach esou ugeluecht, datt d'Lëtzebuurger Wäiner „unter ferner liefen“ optauchen an auslännesch Wäiner bevirzucht ginn. Dat hänkt natierlech ëmmer vum individuelle Choix of vum Restaurant. Mee trotzdem misst een och hei den Horeca-Secteur fir déi ausergewéinlech gutt Qualitéit vun de Lëtzebuurger Wäiner kënne sensibiliséieren.

Méi lokal, méi regional, dat sinn och wichteg Facteure fir den Natur- an Ëmweltschutz, an dat solle mer roueg och op de Beräich vum Wäibau applizéieren. Wa sech Lëtzebuurger Staatsbürger, dorënner och Politiker, op offizieller Auslandsrees befannen, sollt een och vläicht hei ureegen, fir e Gest ze maachen, fir Lëtzebuerg als exzellent Wäibauland ze promovéieren, sief dat iwwert de Wee vu Kaddoen oder awer och Informatiounsmaterial oder soss anere Saachen.

Erlaabt mer och kuerz, op de Landwirtschaftstourismus an Önotourismus anzegoen. Scho virun 30 Joer hat d'APTR, dat ass d'Association pour la promotion du tourisme rural au Grand-Duché de Luxembourg, sech duerfir staarkgemaach, de Landtourismus zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen. Et ass e sënnvollt Konzept, fir Leit, déi net mam landwirtschaftlechen Alldag konfrontéiert sinn, d'Realitéit an d'Wichtegkeet vun de landwirtschaftleche Beruffer, dorënner och de Beruff vum Wënzer, e bësse méi nozebréngen.

De Landtourismus kann esou iwwerdeems och zu engem zousätzleche Revenu bei de landwirtschaftleche Betriber féieren. D'APTR erwaart sech allerdéngs méi Ënnerstëtzung vum Tourismusministère. De Landtourismus stellt eng Diversifizéierung vun der Landwirtschaft duer a steigert d'Attraktivitéit vun de ländleche Regionnen. Et haptt allerdéngs nach, wéi esou dacks zu Lëtzebuerg, beim administrativen Opwand. Wien aktuell e Gîte fir de Public wëllt opmaachen, ass, esou d'APTR, mat onméiglechen administrativen Hürde geplot. Hei wënscht ee sech eng Vereinfachung vun der administrativer Veraarbechtung an och méi Reklamm vusäite vun der Regierung fir dës eenzegaarteg Form vun Tourismus.

Ech schléissen of mat engem leschte Punkt, deen eis dach e bësse Suerge mécht, dat ass an dem internationale Liewensmëttelkontext ze gesinn a betrëfft deen. D'Kolleege vun der CSV hate rezent eng parlamentaresch Fro un d'Regierung geriicht, wou et ëm den Erhalt vun der Qualitéit vun eise Wäiner geet. Leider schéngt d'EU ëmmer méi op de Wee ze goen, fir aus Grënn vun der Gesondheet vun der Bevëlkerung Liewensmëttelen ze reglementéieren. Dës Iddi ass am Prinzip net schlecht. Allerdéngs musse mer en A drop halen, datt net op eemol Facteure wéi den Alkoholgehalt oder nach aner Facteure beim Wäibau ëmmer méi staark reglementéiert ginn, andeems zum Beispill de Wäi gemëscht muss gi mat Waasser, fir etwaign Normen ze entspriechen, eng Entwécklung, déi mir als ADR genee am A behalen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegeen, eis Wënzer hunn onbedéngt eise Respekt verdéngt. A wéi ech am Ufank scho gesot hunn, si mir als Politik ugehalen, hinnen esou wäit wéi méiglech entgéintzekommen an hinnen ze hëllefen, hir Aarbecht esou einfach a problemlos wéi méiglech ze gestalten.

An ech soen lech dann zum Schluss Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Präsident*.- Merci villmools, Här Engelen. An da wier et an där honorabler Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Merci. Här Präsident. Op den 11.11., den Ufank vun der Fuesent an eisem Nopeschland, hu mir hei an der Chamber eng Interpellatioun iwwert d'Viticulture zu Lëtzebuerg. E besseren Datum kéint ee jo eigentlech net fannen, fir iwwer Wäin, de Wäinubau an eis schéi Miseler Géigend ze schwätzen.

Dowéinst géif ech dann och ganz gäre meng Ried ufänke mat engem flotte schmëssege Lëtzebuurger Liddertext, nämlech mam: „Kättche, Kättche, bréng mer nach e Pättchen, vun der Musel a soss keen.“

Wien heibannen kennt dat Lidd net? Wien huet et net schonn op engem Bal owes bei engem gudde Pättche Miseler Wéngche matgesongen?

■ **Une voix**.- Oder gegröölt!

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Oder gegröölt. Oder vläicht op engem Wäifest, wann de

Cortège laanschtgefuer ass? Ech mengen, esou een oder eent gëtt et heibannen net.

Här President, eis Miseler Wäiner si scho laang aus hirem Wanterschlof, aus hirer Nisch erwächt a sinn iwwert d'Grenze vum Lëtzebuurger Land bekannt a geschat. Si ginn an top Gastronomiesbetriber zerwéiert wéi awer och a ganz normale Wiertschaften, an engem Bobebistro. Fir all Portmonni ass eppes derbäi.

De Lëtzebuurger Wënzer produzéiert net nëmme just Elbling, Sylvaner a Rivaner, wéi dat an der Zäit emol de Fall war. Haut ass dës Gamm beräichert mat Pinot blanc, Pinot gris, Pinot rosé, Pinot noir, Chardonnay, Riesling, Äiswäin an natierlech eisem ganz gudde Cremant.

D'Diversifizéierung vun der Gamm vu Cepagen ass ënner anerem op Verännerunge vun de klimatesche Bedingungen zrëckzeféieren. Verschidden Drauwenzorte gi besser Ertrag bei méi héijen Temperaturen an Drécheperiode wéi anerer. Donieft huelen d'Kränke vun de Riewe bei bestëmmten Sorten och a sech verännernde klimatesche Bedingungen zou, wat d'Nofro am Wäiberg no neien hybriden Drauwenzorte verstärkt. Dat bedeit natierlech, datt d'Notioun vum „Terroir“ mat sengen Appellatiounen op der Musel evoluéiere kéint. A Wäiregiounen a Frankräich, der Champagne zum Beispill, ass dës Prozess schonn amgaangen, an d'Fro vum Stellewäert vum Terroir stellt sech an deem Kontext.

Dës Evolutioun huet natierlech och ganz vill mam Remembrement vun den Terrainen ze dinn, en immens wichtegt Thema op der Musel a besonnesch natierlech fir de Wënzer. De Remembrement an de 70er-Joren huet d'Landschaft komplett verännert. Engersäits hunn dës Aarbechten deemools zu engem Austausch vun Deeler vum Buedem, an deem d'Riewe wuessen, gefouert. Ganz Hiwwele goufe mat schwéierem Gerät deplacéiert an aneschers façonnéiert.

Anerersäits huet et awer och eng wirtschaftlech a sozial Bedeitung fir vill Wënzer gehat, déi duerch de Remembrement manner manuell a méi maschinell schaffe konnten an den Accès an hir Wéngerte verbessert kruten. An deem Spannungsfeld tëschent ekologesche Contrainten an Ziler an der wirtschaftlecher Komponent vun de Wënzerbetriber fanne mer och haut nach weiderhin Debatten a Konflikter ronderëm de Remembrement op der Musel. D'Wënzerbetriber si sech och bewosst a si wëssen, datt den Equilibre gehale muss ginn.

Eng weider Problematik kënnt awer méi staark derbäi. Mir hu jo all matkritt, wéi bei de schwéieren Nidderschläi am Juli vun dësem Joer op der Musel e Wéngert vu 25 Ar gerutscht ass. Dat ass natierlech och a Verbindung zu Remembrementsaarbechten ze setzen, wou Biedem verréckelt ginn a Schichte beschiedegt ginn, déi den Hang bis dohinner stabiliséiert hunn. Déi betrafte Wënzer ginn natierlech bei Remembrementen entschiedegt vum Staat, trotzdem werfen dës Agrëff an d'Landschaft gréisser Froen op iwwert de Stellwäert an d'Vulnerabilitéit vum Terroir an de Wënzerbetriber, ëmsou méi opgrond vun den Auswierkunge vum Klimawandel.

An dësem Zesammenhang ass et wichteg, ekologesch ze innovéieren, an dat passéiert och op der Musel. De Lëtzebuurger Wäibau zeechent sech säit Joren duerch eng Reduzéierung vum Asaz vu cheemesche Mëttelen aus, well verstärkt op Pheromonverfahren gesat gëtt, woumat Insekten vu Pheromonspenderen ugelackelt ginn, déi am anere Fall un d'Riewe gaange wieren, a wou fréier an éischter Linn gesprézt gouf mat Insektiziden.

De biologesche Wäibau hëlt och zou, wann och zögerlech. D'Zeeche vun der Zäit sinn erkannt ginn, fir méi naturno Riewen unzebauen, a souguer mat ganz exzeptionelle Methoden, wéi zum Beispill, Schof an de Wéngerten ze halen. Dës suergen nämlech dofir, op ganz natierlech Wee d'Onkraut an d'Gras kuerz ze halen an niewebäi och nach d'Riewen ze düngen.

Här President, eng Thematik, déi eis besonnesch wichteg ass an déi oft awer ze kuerz kënnt, ass d'Aarbechskraaft, déi d'Lies vun de villen Drauwen iwwerhaapt emol erméiglecht. D'Aarbechskonditiounen, fir an de Wéngerten ze schaffen, sinn och net ëmmer déi allerbescht. Et si jo gréisstendeels Gaaschtaarbechter. Dat ass jo och net direkt e Problem, well mir jo och net déi néideg Leit punktuell iwwer esou kuerz Zäiträim zu Lëtzebuerg hunn.

Mee an der Pandemie huet sech gewisen, wéi vulnerabel dës Leit sinn, déi just ëmständlech heihinner konnte kommen, an, wéi se bis hei waren, Onkloerheeten doriwwer geherrscht hunn, wéi e Statut se dann elo eigentlech hunn, wéi eng Krankekeess fir se zoustänneg ass, wat geschitt, wann et e positive Coronafall bei de Gaaschtaarbechter gëtt, wéi se an deem Fall ënnert de Contrainté vun der Pandemie logéiert ginn an esou weider. Dat huet eis gewisen, op wéi engem dënne soziale wéi och ekologeschen Äis - wann een d'Pandemie als Ausdruck vun enger ekologescher Kris versteet - eis Wirtschaft gebaut ass.

Donieft ass d'Vermaartung vun de Wäiner och fir all eenzelne Wënzer, deen net an enger méi grousser Kooperativ organiséiert ass, eng richtig Erausforderung. All déi Aarbechten, déi mat der Viticulture zesummenhängen, misste besser remuneréiert a geschat ginn, esou wéi dat och an där Motioun vun der CSV iwwert de Statut steet.

Här President, eist Miseler Land ass e Bijou. Nieft eisem Wäin huet et nämlech nach ganz vill aneres unzebidden: wonnerschéi moleresch, pittoresk Dierfer, déi laanscht d'Musel ze fanne sinn. An dësen Dierfer gëtt vill gefeiert: Wäifester, Wäindegustatiounen, Kiermessen, Cortègen, Mäert. Fir jiddwereen ass eppes derbäi. Kilometerlaang Vëlospisten, déi sech laanscht d'Musel schmigen. Et ass een awer och ganz gutt laanscht d'Waasser ze Fouss, an dat souguer barriärfrei, well d'Weeër ganz flaach sinn. Um sportleche Plang ginn nieft dem Vëlofueren och nach ganz vill aner sportlech Aktivitéiten ugebueden, wéi och de Lafsport mat der Route du vin. Awer och um Floss selwer kann ee verschidde Waassersportaarte bedriewen.

Déi manner sportlech Leit kënnen dann awer och en Tour mam Boot maachen, wou et méiglech ass, säi Mëtteg- an Owesiessen drop anzehuelen a wou een dann och nach ganz niewebäi verschidde Spektakelen ugebuede kritt.

Mëttlerweil kann een awer och selwer Kapitän spilen a mat den Elektrobooter - jo, de Klimaschutz ass och hei present - en Tierchen dréien. En plus gëtt et wonnerbar Restauranten an Hoteller op der Musel, soudatt och keen direkt heemfuere muss, mee verweile kann.

(**M. Mars Di Bartolomeo** *prend la présidence*.)

Et kënnt een och ganz entspaant mam Zuch, Bus oder Vëlo heihin. A Vakanz doheem ze maachen ass wonnerbar méiglech hei.

Den duussen Tourismus, an do ass nach ganz vill Loft no uewen, ass hei einfach doheem a kann nach méi gefërdert a vermaart ginn. An dann ass et och net schlëmm, wann e Gliesche Wäi méi gedronk gëtt. Dëst kënnt jiddwerengem zegutt, och de Wënzer virun Ort.

Här President, wéi Der elo hei eraushéiere konnt, hätte mir eis eigentlech kënnen e gudde Batz Geld, Zäit a vill CO<sub>2</sub>-Emissiounen spueren: Mir hätten eigentlech guer net misse bis op Dubai fléien, fir eist Land ze vermaarten; eng Interpellatioun zum richtigen Zäitpunkt am Hierscht zur Wäilies an der Chamber geet vëlleget duer. Eis Presenz zu Dubai ass jo eigentlech en absolutten No-Go no der Ried zur Lag vun der Natioun, wou eise Premier d'Klimakatastroph unerkannt huet a wou mir sollen emissiounsfrei ginn. Wann nämlech elo all déi Scheiche sollen op Lëtzebuerg geflu kommen, well mir hei e bessert Klima hunn - esou stoung et mol an der Zeitung -, ...

■ **Une voix**.- An de Kerosin ass bëlleget.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- ... an de Kerosin ass bëlleget, ass dat jo schrecklech fir eis Klimabilanz an eist Null-Emissioun-Zil, well dës Flich generéiere jo awer eng Hellewull CO<sub>2</sub>-Emissiounen. Wéi solle mir dat dann nach hikréie respektiv wéi eng aner Secteure mussen dat da kompenséieren, fir datt mir CO<sub>2</sub>-neutral ginn?

Här President, nieft der Miseler Géigend hu mir och nach ganz vill aner flott Plazen am Land unzebidden, och wann et do keng Riewe mat Wäi gëtt. Dat ass nämlech absolutt net schlëmm, well eise gudde Miseler Wéngche kritt een iwwerall am Land ze drénken. En plus ass a bleift eise Wäin am ganze Land e regionale Produit, dee weéng CO<sub>2</sub>-Emissiounen generéiert. Duerfir wéilt ech elo ganz gär d'Boucle nees zoumaachen a soen: „Kättche, Kättche, bréng mer nach e Pättchen, vun der schéiner Musel a soss keen.“

A jo, ier ech et awer elo nach vergiessen, ginn ech awer och d'Quell vu mengem Lidd un: Den Text vum „Kättche, Kättchen“ ass vum Willy Goergen a gouf vertout vum Jean Eifes, fir déi, déi dat nach net woussten.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. Och eise gudde Béier net ze vergiessen.

(**Hilarité**)

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- An den nächste Riedner ass scho prett, den Här Goergen huet d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här President. Also, als een aus dem déiwe Süden ass dat mam Béier natierlech déi richtig Bemierkung gewiescht.

(**Hilarité**)

De Lëtzebuurger Wäibau bléckt op eng laang a gutt erhalen Traditioun zrëck. An ech ginn och gären zou, dass och ech Client sinn. Eis Wënzer maachen eng gutt Aarbecht a mir sinn houfreg drop, dass mir hei am Land op engem héijen a gutt erhalene landwirtschaftlechen an handwierkleche Wësse kënne schaffen an drop zrëckgräifen.

Dee Wäin, dee bei eis hei op der Musel produzéiert gëtt, brauch sech am internationale Vergläich net ze verstoppén, am Géigendeel. Nieft de Verkaafsklassiker wéi Riesling oder Pinot gris bidden eis Terroiren och aner bekannte Riewen un, wéi zum Beispill den Elbling an den Auxerrois, wou verschidde Kellereien et souguer fäerdegruecht hunn, dass hir Wäiner an den USA a verschiddene Rayonen ze fanne sinn.

Onofhängeg vum Erfolleg vun de Lëtzebuurger Wäiner schéngt net ëmmer d'Sonn an de Wéngerten ze schéngen, fir et emol esou auszedrëcken. Et ass net ze ignoréieren, dass och de Klimawandel eise Wënzer an de leschte Jore Suerge gemaach huet. Et mécht kee Sënn, zu Lëtzebuerg Mangoen oder Banannen unzebauen, well mir dofir d'Klima net hunn. An esou ass et och mam Wäibau: D'Musel ass virun allem e Wäisswägebitt, an deem mir virun allem Drauwenzorten ugebaut hunn, bei deenen een e Maximum u Geschmaach ka generéieren.

Elo ass et awer esou, dass mat méi waarmen an dréchene Summeren eis Riewen net méi un dëst Klima ugepasst sinn. Verschidde Wënzer müssen dofir ëm hir typesch Wäinzorte fäerten. A Lëtzebuerg steet net eleng hei. Och an anere Wäigebidder an den nördleche Länner mécht dës Entwécklung sech bemierkbar.

Beim Klimawandel kënnt och nach derbäi, dass mer net am Viraus wëssen, wéi genee eist Wieder zu Lëtzebuerg wäert ëmschwenken. Et ka gutt sinn, dass mer nieft Dréchten och Staarkreen oder Knëppelsteng am Summer kréien, wat natierlech schlecht ass, well da vill Drauwe wäerte futti goen.

Verschidde Wënzer gesinn am Klimawandel awer och eng Chance, fir kënne Wäinzorten hei unzebauen, déi aktuell nëmme schwéier ukomm sinn. Mee schlussendlech bleift awer och dat eng Ausnam. De Klimawandel ass a bleift deemno mat eng vun de gréissten Erausforderungen, déi de Wënzer an den nächste Jore wäerten d'Liewe méi schwéier maachen.

Do stellt sech natierlech d'Fro: Wéi kann de Staat hëllefen, de Schued fir eis Wënzer esou minimal ewéi méiglech ze halen? Hei ass och d'Stéchwuert natierlech Subventiounen. A wie Subventiounen seet, deen denkt natierlech direkt un de gemeinsamen europäeschen Agrikulturpakt. Vum Pakt selwer kann een halen, wat ee wëllt. Mir selwer stinn dem Verdeelungsmechanismus kritesch géigeniwwer, well generell och am Rescht vun der Landwirtschaft Betriber mat méi Fläch och méi Hëllef kënne an Usproch huelen.

Mam Green Deal an den neien Ukënnegunge säitens der EU-Kommissioun goufen zwar elo Schrëtt an déi richteg Richtung gemaach, an zwar grad, wat déi nei Ëmweltoploen an der Landwirtschaft ugeet. Mee och déi Iddie ginn nach ëmmer net wäit genuch, fir d'Bauerebetriber laangfristeg op eng nei nohalteg Schinn ze bréngen.

D'GAP fërdert virun allem grouss Landwirtschaftsbetriebe, wat absolutt net fair ass an eisen Aen, well déi grouss Betriber a Wënzer generell scho Virdeeler um Marché hu géigeniwwer de klengen Privatwënzer.

Éischtens, de Subsid pro Hektar Fläch vum Betrib, dee spillt och am Wäibau eng Roll, soudass et fir méi grouss Produzenten méi einfach ass, fir méi an de Genoss vun de Subventiounen ze kommen.

En anert Beispill ass de Subsid op dem Akaf vu Maschinnen. Wat hei negativ ass, dat ass, dass dës Subsid fir eng Maschinn oder en Trakter gëllt. Dofir ass et wichteg, dass de besteende Subventiounskatalog eng Kéier op de Leescht geholl gëtt, fir d'Landwirtschaft fir d'21. Joerhonnert fit ze maachen. Et misst een dee Wee goen, fir dass déi fix Subside méi als Guthabe festzeleeë sinn, vun deem de Wënzerbetrib iwwert d'Liewenszäit vu sengem Betrib ka profitéieren.

Wat virun allem an de Subventiounskatalog muss erakommen, ass den Ausbau vu Biowäin. Jo, mir wëssen, et gëtt Pläng beim Landwirtschaftsministère, fir op 20 % Bio ze kommen. Leider gesäit een dovun um Terrain nach net vill. A virun allem am Wäibau hunn ech mat e puer Wënzer geschwat, déi guer net motivéiert sinn, fir op de Wee vun der Biolandwirtschaft ze goen. Virun allem existéierend Betriber, wou d'Riewe och geplanzt sinn, hu Problemer, fir op Bio ëmzestellen. Zwar existéiere pilzresistent Drauwenzorten, mee trotzdem di sech eenzel Wënzer schwéier, guer net méi op déi klasesch Produiten zrëckzegräifen.

Aner Wënzer di sech schwéier mat den neien EU-Oplagen. Schlussendlech muss ee feststellen, dass dës Regierung an de leschte Joren net genuch fir déi lokal Biolandwirtschaft gemaach huet, fir de Wäibau.

E klengt Wuert nach zum Wäintourismus, wou och net alles esou gutt ass, wéi et kéint sinn. Wéi et an engem „Land“-Artikel virun e puer Wochen ze liese war, feelt et der Musel un engem konkrete Konzept. Och hei erzielen d'Wënzer, dass een nëmmen iwwert d'Musel muss fuere fir ze kucken, wéi zum





Beispill an Däitschland Wäistuffen a Gaststätten aus dem Wäibau e Vakanzeffeling maachen. Dat feelt zum Deel nach hei zu Lëtzebuerg, wou mer definitiv nach eng richtig Philosophie fir de Wäibau an den Tourismus musse kréien. E Wäimusée, eng Wäischoul, eng richtig Vernetzung vun touristesche Servicer an Infrastrukturen, alles dat stécht zu Lëtzebuerg nach an de Kannerschong.

Eréischt wa mer selwer Reklamm maachen, dass d'Visitt vun der Musel eng flott Fräizäitaktivitéit ass, eréischt da kënnen mer ufänken, iwwert den Opbau vun engem interregionalen an internationale Wäintourismus ze schwätzen.

Mir Piraten als digital Partei sinn och der fester Iwwerzeegung, dass d'Regierung muss higoen an de Wënzer vill méi ënnert d'Äerm gräifen, wat den Onlinecommerce ugeet. Do kennt een natierlech d'Plattform Letzshop, déi mer begrëissen an déi och elo gratis war, a mer géife begrëissen, wann dat iwwert déi nächste Méint a Joren och esou géif bleiwen, well et grad fir kleng Privatwënzer awer trotzdeem e Käschenopwand ass, wa se Letzshop bäitrieden.

Mee och do misste mer op Léisungen iwwergoen, dass mer higinn an dass d'Regierung den eenzelne klenge private Wënzer et méi einfach mécht, hiren eegenen Internetsite ze hunn, wou se kënnen am Detail nach eng kéier hir Produkter virstellen. Well wat ass méi wichteg beim Wäin, wéi sech kënnen virstellen, wéi de Wéngert ausgesäit, wien déi eenzel Leit sinn a wéi d'Produktioun ass? An dat geet eeben nun emol nëmmen iwwer en eegenen Internetsite.

An do ass eis Fro, ob d'Regierung eppes geplangt huet fir d'Zukunft, virun allem fir de Privatwënzer. Well ech weess, déi grouss Kooperativen, déi hu kee Problem, fir digital ënnerwee ze sinn, mee et sinn éischter déi kleng Wënzer, déi Problemer hunn do an der Käschtestruktur, well mer jo awer alleguerte wëssen, dass dat e grouss Käschtapunkt ass, wann een en Internetsite wëllt, wou ee sech schéi presentéiert. Huet d'Regierung do eppes geplangt, fir de Privatwënzer ënnert d'Äerm ze gräifen, fir am Digitale mat Onlineshoppern, Onlinecommerce vill méi fit ze ginn? Well da kënnen se och e ganz anere Marché ugoen an och an d'Ausland, iwwer eis Grenzen ewech, hir Produité verkafen. Well se hu wierklech eng Renommée. An ech maachen dat perséinlech och ëmmer, wann ech am Ausland ënnerwee sinn: eng gutt Drëps aus Lëtzebuerg mat huelen. An ech krut nach ni eng Reklamatioun.

Merci.

■ **Une voix.** - Ganz gutt!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Une voix!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*). - Une voix forte, Monsieur le président!

(*Hilarité*)

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Dat gesot, ass d'allgemeng Diskussioun elo eriwuer.

An d'Wuert huet de Wäibauminister, de Romain Schneider. Här Minister, wannechgelift.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Romain Schneider**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.* - Merci, Här President, Staatschef, Kolleg Minister, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Staatschef? Promotioun?

(*Hilarité*)

■ **M. Romain Schneider**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.* - ... léif Kolleginnen, Premierminister, deen hei present ass - et geet scho gutt un. Merci. Dat weist, mengen ech, genau den Interêt vun der Regierung, fir grad och de Wäibau hei ze promovéieren, an d'Welt ze droen, wéi och hei gesot gouf.

Ech géif och direkt ufänken, andeem ech dem Gilles Baum e grouss Merci soe fir d'Interpellatioun, déi hei gemaach gouf, an awer och all den Intervenanten, déi hei waren, fir ze weisen, wat fir eng Valeur de Wäibau virun allem fir eist Land huet an och no baussen duerstellt, an awer och, fir op där anerer Säit drop hinzeweisen, dass ee sech muss Gedanke maachen iwwert d'Zukunft vum Wäibau, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, och méi generell. Mee virun allem hei zu Lëtzebuerg muss een awer och d'Problemer diskutieren an opschaffen engersäits an niewent de Problemer och d'Defien an d'Challengé weisen, déi bestinn.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

Ech hat gëschter Owend d'Geleeeënheet, am Kader vun „30 Joer Cremant“, wat op ville Plazen nach wäert gefeiert ginn, ech hat do eng Initiativ geholl, fir d'Wënzerinnen an d'Wënzer ze gesinn, fir mat hinnen engersäits informell op dës 30 Joer unzestoussen an op där anerer Säit awer och en Echange ze kréien, fir ze kucken, wou de Schong géif drécken. Et goufe mer eng Rei Saachen, déi hei

gesot goufen, confirméiert, anerer goufen e bëssen aneschteres duergestallt. Mee dat ass ëmmer esou, wann ee mat eenzelne Persounen schwätzt. An ech gi bei eenzelne Punkten och dorobber an.

Ech muss och soen, dass mer hei ganz vill diskutéiert hunn iwwert de Wäi vun der Musel. An der Tëschenzäit, mengen ech, a Kenner wëssen dat, hu mer och Wäiproduzenten op der Sauer, déi och en exzellente Wäi produzéieren. Et gesäit een also, dass och do nei Initiative kommen, ...

■ **Une voix.** - Zu Dikrech gouf et och Wéngerten.

■ **M. Romain Schneider**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.* - ... fir effektiv eist Wäigebitt nach méi breet ze maachen. Mee natierlech ass et awer esou, dass traditionell dee gréissten Deel vun eisem Wäinubau op der Musel stattfënn. An dat ass och gutt an dat ass och richtig esou!

Grad de Wäin ass, wéi ech gesot hunn, ee vun eise Produkter, déi mer wierklech no bausse kënnen als Lëtzebuurger Produkt verkafen a wou mer effektiv och kënnen Nation Branding domadder maachen. An dat gött och gemaach. Op jidde Fall weess ech, dass, wann ech an d'Ausland gi respektiv wann auslännesch Gäscht kommen, da kréie se vu mir ëmmer e Produkt engersäits zerwéiert respektiv da gi mer och e Kaddo mat virun, fir dass effektiv och dee Message kann eriwuergeen, souwuel op europäeschem wéi op internationalem Niveau.

Ech kommen dann op déi eenzel Voleten. Et sinn eng Rei Froe gestallt ginn. Ech probéieren och, dorop ze äntweren, op eenzelner méi punktuell, op anerer méi breet, well verschidde Saachen ëmmer erëm widderholl goufe vun enger Rei vu Riedner.

Dat Éischt ass déi „situation actuelle“, déi jo och ee vun deenen Theemae war vum Gilles Baum senger Interpellatioun. Bon, ech mengen, do ass et esou, „situation actuelle“, dann denken ech natierlech direkt emol un d'Wäijoer, dat mer dës kéier haten, wou een och eng kéier muss drop hiweisen, dass et keen einfacht Joer war. Et war e Joer, wou virun allem eng ganz grouss Expérience gefrot war vun deenen eenzelne Wënzerinnen a Wënzer am Wäibau selwer.

Et ware Perioden, wou mer Chance hate par rapport zu anere Géigenden. Mir hate ganz wéineg Knéppelsteng, wéi dat mat Naturkatastrophen zum Beispill och de Fall war a Spuenien, déi dës Joer eng Risekatastroph am Wäibau hunn. Mir haten d'Chance, dass mer do derlaanscht komm sinn.

Mir hunn op där anerer Säit awer och misse kämpfen domadder, dass mer virun allem grad am Beräich vum Ree Perioden haten, déi derzou gefouert hunn, dass d'Schaffen net esou einfach war, virun allem d'Degustatioun, et gouf hei schonn ugeschwat, a mat de Kränken, déi doduerch konnten entstoen. Et war also wierklech de ganzen Knowhow vum Wënzer gefrot.

An dofir, mengen ech, ass et och gutt, déi Entscheidung, déi souwuel de Gilles Baum wéi de Gusty Graas geholl hunn, an effektiv d'Fanger dervun ewechgelooss ze hunn, fir Wënzer ze spillen. Well fir Wënzer ze spillen, do gött net gespillt, do brauch een e ganz groussen Knowhow, fir dat ze maachen. Et ass ëmmer dee grouss Respekt, deen ech och gesinn, wann ech an d'Betriber eraginn.

Mir haten also e Joer, dat schwéier war, dat, mengen ech, awer virun allem ..., an et war och dat, wat, mengen ech, de Reflet war, dass mer dës Joer erëm hikommen eigentlech zu engem Produkt herno, wann elo och virun allem an de Kellere d'Kellermeschteren all hiren Knowhow erabréngen, fir dann herno en exzellent Produkt kënnen ze presentéieren, kënnen ze degustéieren fir de Konsument, dass mer emol erëm en typesche Lëtzebuurger Wäin eigentlech dës Joer wäerte kréien.

Souwuel am Riesling wéi am Pinot gris, mengen ech, sinn dat virun allem zwou Notiounen, déi mer an deene leschte Joren e bësse verfeelt haten, virun allem een 2018er-Joergang, deen eigentlech net méi deen typesch Lëtzebuurger war, wou een eng ganz aner Nott am Pinot gris a virun allem am Riesling hat. Dës kéier kréie mer eigentlech erëm déi Wäiner, déi mir och hei zu Lëtzebuerg kennen an déi, mengen ech, och d'Ausland appreciéiert, wat de Lëtzebuurger Wäin an och de Lëtzebuurger Cremant betrëfft.

Eppes ass awer kloer: Egal, wéi ee Joer mer haten, mir haten ëmmer Qualitéit an eise Wäiner, déi mer erëmfonnt hunn. A grad dofir ass et och mir net baang, dass mer och dës Wäiner, dës Produkter kënnen un de Consommateur vermëttelen. Et gouf richtig hei genannt vu ville Riedner, dass mer virun allem do natierlech de Lëtzebuurger Marché uschwätzen.

Mir schwätzen engersäits d'Lëtzebuurger un, mir schwätze virun allem awer och déi Netlëtzebuurger un, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen. An do ass et richtig, do musse mer effektiv virufueren, fir och e Marketing ze maachen, fir déi ze erreichen. Well et sinn der vill, wa se bis d'Notioun vum Lëtzebuurger Wäin hunn, déi och do hänke bleiwen an dann effek-

tiv sief et de Cremant oder de Lëtzebuurger Wäin och wäerten a kënnen consommeren.

Et ass och richtig, dass mer aus enger schwéierer Zäit erauskomme vun enger Pandemie, vun där natierlech och de Wäibau betraff war. Op där enger Säit, mengen ech, hate mer als Regierung séier d'Jalone gesat, fir ze soen, niewent all den Acteuren an der Landwirtschaft: Och am Wäibau ka virugeschafft ginn, muss viru kënnen an de Wéngerte geschafft ginn, muss viru kënnen an de Kellere geschafft ginn, muss alles préparéiert ginn, fir dass mer net och do nach en Ausfall kréien.

An et war gewosst, virun allem och do, dass mer hu misse kucken, zesummen de Schrëtt ze goen. A mir hunn dat och ganz kloer gemaach, dass mer och de Kader gesat hunn an dësere Covidzäit, dass mer virun allem och probéiert hunn, dass mer - ënner Gänseféisercher - „clean“ bliwwen sinn.

An hei muss ech de Wënzer Merci soe wéi och deem IVV, dass zesummen mam Ministère de la Santé direkt eng Campagne en place gesat gouf, fir gratis Tester zur Verfügung ze stellen. Dat gouf à la minute applizéiert an och wierklech 100%eg duerchgezunn. An do, mengen ech, hate mer och kee Cluster an eise Wënzerbetriber. Dat wier nefaste gewiescht par rapport och zum Image de marque. Dir kennt d'Beispill vun Tönnies an Däitschland, wou effektiv och hei wierklech de Schwéngssektor laang gelidden huet. An dat hu mer fäerdegbruecht, zesumme mat de Wënzerinnen an de Wënzer, déi och direkt do prett waren, fir anzespargen.

Eppes ass awer och kloer: Natierlech ass während där Zäit - d'Restaurante waren zou, déi grouss Evenementer waren net do - de Konsum doduerch vum Wäin erfogaangen no bausse. Et muss ee soen, dass een Deel, ee gudden Deel dovunner konnt opgefaange ginn am Privaten, virun allem am Wäin, um Cremant net gradesou. Virun allem si Verloschter am Cremant do, mee am Wäin gouf villes opgefaangen.

An ech gehéiere selwer dozou, ech hu gesinn, wéi no an no mäi Keller eidel gouf an ech eigentlech an der Zäit och hu missen eng Commande maachen, wou dann och, mengen ech, d'Wënzer ganz séier reagiert hunn. An de Letzshop gouf jo scho genannt, mee och Einzelner hu sech selwer op d'Bee gestallt, fir ze kucken, online ganz innovativ Projeten ze maachen, fir un de Konsument erunzekommen.

Ech menge souguer, dass d'Wënzer an deem Beräich ee vun de Gagnantë waren, fir déi doten nei Forme mat anzebauen an de Verkaf vum Produkt Wäin. A well mer eeben eng exzellente Qualitéit haten, ass dat och beim Consommateur esou ukomm an doduerch konnten effektiv déi Perté minimiséiert ginn.

Et sinn der sécher do gewiescht. An d'Regierung huet, wéi ech och gesot hunn, scho richtig gehollef gehat, andeem mer ganz schnell Mesuren och en place gesat hunn, e Package fideléiert hunn, e Package, deen ech fir d'gesamt Landwirtschaft an och fir de Wäibau genannt hunn: „consolider, promouvoir, innover“, well dat sinn déi dräi Voleten, déi mer brauchen an och am Wäisector brauchen.

« Consolider » heescht eeben, séier Hëllef ze ginn, dass mer direkt konnten intervenéieren. Dat war déi eng Millioun, déi och hei schonn zitéiert gouf. Dat waren engersäits Subsidien zwëschent 2.500 a 5.000 Euro un d'Wäistuffen, dat war d'Promotioun, also en éischte Volet, wou net aus dem Fonds viticole Promotioun gemaach gouf, mee direkt aus dem Staatsbudget 350.000 Euro erakomm sinn, fir eng Promotioun fir eise Cremant a Lëtzebuurger Wäin ze maachen, dat war doriwwer eraus och den Excédent de vin, dee mer genotzt hunn, fir dee kënnen ze brennen an zu Desinfektionsmëttel ze maachen. Och dat ass e Montant, dee vun 300.000 Euro, wou de gréissten Deel och un d'Wënzerbetriber gaangen ass. An dat waren och zum Schluss d'Cotisations fir de Fonds de solidarité viticole, déi mer iwwerholl hunn, 100 Euro pro Hektar. Och dat war eng Zomm vun 125.000 Euro, wat also 940.000 Euro sinn, déi mer och ausginn hunn, déi mer als Depensen och effektiv getätegt hunn.

An ech hu mech och mat de Wënzer zesummegesat a mir hu gesot, fir all Secteur géife mer am Hierscht nach eng kéier e Bilan maachen, wéi dann deen effektiven Dekont géif ausgesinn an ob mer an eise Package vu fënnef Milliounen, wou mer nach eng kleng Reserv hunn, virun allem och kënnen kucken, ob mer net en zweete Jet géife maache fir déi Betriber, déi effektiv ganz schwéier Verloschter haten, nach eng kéier kucken virunzeënnerstëtzen, also nach eng kéier probéieren, och hei eng Hand mat unzepaken, fir den Equilibre ze schafen.

Kollaboratioun, hunn ech scho gesot, am Kader vum Bekämpfe vun der Pandemie vun Ufank un. Mir hunn awer och eis ..., an dat gouf och hei schonn ugeschnidden: Et ass natierlech esou, dass een niewent der Bekämpfung och huet misse kucken ..., virun allem fir déi Ausfäll, déi awer konnte kommen am Bezuch op Krankheet, am Bezuch och op Leit,

déi awer befall si respektiv déi eventuell duerch Quarantänen déi Saachen net konnten eriwuergeen, hu mer ganz séier och e Pool en place gesat, fir eeben do prett ze sinn, wa Wënzer kee Personal hatten, fir kënnen ze hëllef an de Wäibierger.

Dat war engersäits natierlech een, deen direkt ëmmer aspréngt, de „Maschinenring“. Dat ass esou beim Bauer an dat ass och beim Wënzer, dee ganz séier do ass, fir kënnen Personal zur Verfügung ze stellen, awer och a senger Aktioun zesummen duerchgefouert ginn ass.

Dofir sinn ech och frou, dass den Aarbechtsminister hei ass, zesumme mat der ADEM, déi hei wierklech och virbildlech ganz schnell reagiert huet, e grouss Pool vu Leit erausgesicht huet, déi interviert goufen, an herno dann och probéiert huet, déi dann ze vermëttelen un d'Wënzerbetriber. An der éischter Phas si keng gebraucht ginn. Herno hu mer eng 30 Leit, déi elo konnte vermëttelt ginn. An ech mengen, dat ass och fir d'Zukunft eng Pist.

An ech mengen, d'Tess Burton huet et ugeschwat: Ass dat keng Pist, op déi mer effektiv kënnen goen? Dach, ech menge schonn. Mir sollen ënnert deenen Dausende vu Chômeuren, déi mer hunn, kënnen erausfilteren, wat fir eng effektiv do géeegeent sinn. Et kann een zum Deel och vläicht eng Formatioun drunhänken, fir dann ze kucken, e Pool ze hunn an och hei eeben deene Chômeuren, déi mer och op der Plaz hunn, eng flott Beschäftegung ze gi während deene Méint, wou effektiv eng Hëllef gebraucht gött, an, firwat net, do, wou iwwert d'Dauerhaft, iwwert d'ganz Joer, eng Hëllef gebraucht gött, och e festen Job kënnen ze ginn. Well et ass e flotten Job, deen och do steet, fir kënnen eng Hand am Wäibau mat unzepaken. En ass sécher an der Zukunft och do.

An dofir mengen ech och, déi Problematiken, déi hei opkoume mat de Saisonsaarbechter, sinn der, déi ech verstinn, wou ee muss soen, dass et nach een Ennerscheid gött. Et gött en Ennerscheid zwëschent Saisonsaarbechter, déi aus der Europäescher Communautéit kommen. Do orientéiere mer eis un der Direktiv 883. Do ass alles esouwäit gereegelt. An da sinn déi, déi en dehors vun där 883 kommen, déi also aus Länner kommen, déi net an der Europäescher Unioen sinn. An do gëllen, muss ech lech awer soen, ob dat Däitschland, Frankräich, d'Belsch ass, oder all EU-Land, fir se all déi selwecht Bestëmmungen. Do ass et eeben esou, dass déi eng Autorisation de séjour respektiv e Permis de travail elo emol brauchen. Dat ass, ech soen, dass et och net anescht ass.

An ech sinn nach ëmmer der Meinung, dass mer fir d'éischt sollen national kucken, doriwwer eraus iwwer Europa kucken, fir do dat néidegt Personal ze rekrutéieren. An ech mengen, da wier de Pool scho ganz grouss, dass dat kéint lafen.

Ech géif och hei vun dësere Plaz, wéi gesot, der ADEM, dem IVV Merci soe fir dës Kollaboratioun, déi ganz schnell komm ass an déi eis gehollef huet, och hei iwwerhaupt keng Problemer opkommen ze loossen.

Et ass och wichtigerweis esou, dass an deene leschte Méint d'ITM eng Rei Kontrolle gemaach huet, mengen ech, déi ganz gutt gemaach waren. Hei goug et virun allem och drëm, fir eeben ze kucken, ob alles esou wäit an der Rei wier. Ech mengen, et kann ee feststellen, dass déi meescht Saache ganz korrekt lafen. Esou konnt ee sech dat och net aneschtens virstellen.

Et ass awer och esou, dass eng Rei Saachen net gewosst sinn. Dofir hunn ech ugereegt, zesumme mat de Wënzer, dass mer effektiv och e Seminar maachen, wou och d'ITM dohinnerkënn, fir eng kéier ze erklären, wat den Aarbechtskontrakt ass engersäits, wat d'Aarbechtskonditione sinn, wat d'Logementskonditione sinn, fir dass et och eng kéier generell gewosst ass. Ech mengen, dass éischt Joer war eent, wou een dat ugepaakt huet a wou een zesummen elo muss no Léisunge sichen.

D'Qualitéit, hunn ech gesot, an eise Produkter: Fir mech heescht Qualitéit och e faire Präis! Dat schéngt mer ganz kloer ze si bei alle Produkter, an dat muss och am Wäin esou sinn. An dofir ass et wichtig, dass gemeinsam och eng Strategie gemaach gött - an elo kommen ech op d'Strategie an op de Marketing -, dass mer och dat Produkt vu Qualitéit esou vermaarten, wou mer effektiv och den néidege Präis dorobber hunn, an dass mer effektiv och do kucken, net Nischen op eemol ze fannen, wou mer ënner Wäert eigentlech eis exzellente Produkter un de Konsument probéieren ze bréngen. Ech mengen, dass dat dat falscht Zeechen ass an engem Secteur, wou mer hei vun 1.300 Hektar schwätzen! Et huet ee gesot: „Dat klengst Gebitt vläicht, wat et gött“. Ech weess net, ob et dat klengst ass, dass misst ech nach erausfannen.

■ **Une voix.** - Dat klengst Wäibauland.

■ **M. Romain Schneider**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.* - Jo, jo, richtig, dat klengst Wäibauland, dat mer hunn. Mir hunn iwwerengs och deen eenzege Wäibauminister an Europa. Do si mer och dat eenzege Land, wat e Wäibauminister huet.





#### (Hilarité)

Dofir sinn ech ëmmer stolz, wann ech dat kann an den eenzelne Conseile soen. Dat hëlleft mer net vill, fir mech ze verbünde mat aneren.

#### (Hilarité)

Mee et hëlleft mer awer heiansdo, fir mech da weinstens duerch dat ze demarkéieren.

#### (Interruption)

Witz beisäit. Ech mengen, et ass scho wichteg, datt mer grad op deenen 1.300 Hektaren - an et gouf vu ville Riedner gesot, vu jiddwerengem ugeschnidden - un engem Strang zéien, fir dee Marketing zesummen ze maachen, datt mer déi Strategie, déi entwéckelt gouf vu mengem Virgänger, deen elo hannert mer sëtzt, deen ech kennen an deen ech och virun esou ënnerstëtzen, ëmsetzen, eng Strategie, mengen ech, déi bis elo gewisen huet, datt et esou ka goen, déi selbstverständlech de Moment analyséiert gëtt, fir ze kucken: Wou musse mer riets a léns vläicht nach Adaptatioune maachen?

Mee ech mengen, datt et dat Richtegt war, fir ze kucken, op d'Qualitéit ze setzen, engersäits de Marketing ze verbanne mat dem Nation Branding, mat der Kennzeechnung vum X, dee mer iwwerall mat dropmaachen, eppes, mengen ech, wat jiddweree begraff huet a wat och jiddwereen identifizéiert mat de Lëtzebuerger Produkter, iwwregens eppes, wat mer och elo am neie Gesetz iwwert den Agreement, iwwert d'Zertifikatioun virgesinn. Och do wäert erëm eng kéier den X dee sinn, dee mer dobaussen eriwwerbréngen, eigentlech e ganz einfacht Zeechen, e kloert Zeechen, einfach a prägnant. Dofir, all deenen, déi an där Initiativ derbäi waren, nach eng kéier Chapeau fir déi Initiativ, déi do geholl gouf, déi elo ufänkt, mengen ech, hir Friichten och ze droen.

Mir wäerten och d'Méiglechkeet kréien, mengen ech, Visibilitéit no baussen nach méi ze weisen, grad elo och an engem Joer, wou mer „30 Joer Cremant“ feieren. Hei stinn eng Rei Initiativen un. Enn November wäert eng Campagne lafen, grad fir „30 Joer Cremant“ och nach eng kéier ze weisen an och Promotioun ze maache fir de Cremant, e Cremant, deen, mengen ech, ëm déi 20 % ongeféier hautdesdaags bedeit, wat d'Recolte betrëfft, déi an der Cremantsproduktioun fléisst.

Dat ass scho vill, wann ee gesäit, vu wou e kënnt, e Cremant, deen iwwer Reglement 1991 eigentlech legal fixéiert gouf a wou een elo scho gesäit, wat fir eng Entwécklung datt en hat. An ech mengen, Gott sei Dank hu mer en, fir och hei e gewëssenen Opfank ze maache vu verschidene Cepagen an eng aner Orientatioun do ausgeriicht ze hunn.

Wéi scho gesot ass d'Promotioun, déi viru wäert lafe mat engem Film, e Film, dee mer gemaach hunn iwwer „30 Joer Cremant“, eigentlech e Film vun der Drauf bis an d'Glas, wou mer eigentlech gesinn, wéi déi eenzel Kette fonctionéiert, wou mer déi eenzel Acteuren och en valeur stellen. Ech mengen, dat ass dat Wichtegst, datt mer d'Acteure vum Produzent iwwert d'Veraarbechtung bis hin zum Handel an eng Linn kréien, fir eise Lëtzebuerger Wäin och un de Mann an un d'Fra ze bréngen, eigentlech déi Consumatioun virunzesteigere, déi mer natierlech, wéi scho gesot, musse genéissen, och a Mooss genéissen, evident, mee wat, mengen ech, awer kann als eng flott Bäilag respektiv och derniewent als e flott Event genotzt ginn.

Do kommen ech dann och schonn derzou: Mir hunn an deene leschte Joren eng ganz grouss Zesummenaarbecht effektiv och mam Tourismusministère gemaach, fir ze kucken: Wéi kréie mer effektiv déi exzellent Qualitéit an déi flott Musel och mam Tourismus verbonnen, dem sougenannten Önotourismus? Dat geet hi bis zu natierlech engem Tourismus, dee verbënnt Kultur, dee verbënnt eng sportlech Aktivitéit, eng kierperlech Aktivitéit.

Et geet haut drëm, net nëmmen einfach Wäi kafen ze goen. Et geet drëm, eppes Ganzes ze erliewen! Et geet drëm, en Event draus ze maachen, an dann derniewent sinn d'Schmaachen, d'Verkafen an d'Kafe vum Wäin eppes, wat derzougehéiert. Hautdesdaags ass et net nëmmen einfach esou, datt ech op d'Musel an eng Wäistuff fueren eventuell oder an e Supermarché ginn, nee, ech hu gären, datt ech gesinn: „Do ass de Produkt!“, datt ech de Produzent gesinn. An do musse mer ... an do maache mer an der Tëschenzäit ganz vill drun.

Do wëll ech och belobegend ervirhiewen d'Roll, déi gespillt gëtt engersäits vun de LEADER-Projeten, déi ëmmer erëm kommen, wou mer LEADER-Projete mat den Acteure maachen, déi och mat der Gastronomie gemaach goufen, och mat de Gemenge gemaach goufen, an op där anerer Säit dem ORT Miseselerland, dee ganz flott initiativ Projekte mécht, deemnächst elo nach en neien, deen eebe wäert ee sinn, deen owes wäert stattfannen an de Wéngerten. An och datt ass en néi Element. Dat sinn ëmmer erëm nei Saachen, déi entsprangen.

An ech mengen, wann d'Loscht net do wier, eis exzellent Qualitéit vu Wäiner no baussen ze bréngen, da géifen dës Initiativen och net kommen. Do

ass einfach eng Loscht, déi gespuert gëtt an déi mer och ënnerstëtzen, souwuel den Tourismusministère wéi den Agrarministère. An ech muss soen, datt mer do an der Zesummenaarbecht gutt leien, genausou gutt wéi natierlech och eng kéier de Centre mosellan, wéi en elo genannt gëtt - den Numm soll jo herno nach fonnt ginn -, zesummen och mat der Entente touristique do, fir effektiv och do e flott Bild ze bréngen, eng Tribün, eng sougesote Fënster weise vun eisem Wäin op der Musel.

An dat, wat do entsteet, dat soll jo dann 2024, mengen ech, ageweit ginn. Ech war selwer och an den Initiativen derbäi, wéi d'Pläng ausgeschafft goufen, zesummen deemools mam Françoise Hetto als Tourismusministesch hu mer et op de Wee bruecht. Ech weess, datt d'Francine Closener deemools och virdrun dru matgeschafft huet, dat zesumme mam Fernand Etgen. Also ware scho méi Acteuren drun. Och virdu ware schonn Iwwerleungen, déi gemaach goufen. Ech mengen, och do d'Madamm Modert selwer, déi et hei zitéiert huet, déi och deemools mat un dem Ursprung war. Also do huet jiddwereen eigentlech den Interêt, fir dat virunzebréngen. An ech hoffen, datt et elo nom Spatestéich vun 2018 séier virugeet, datt endlech och dee Centre da kann entstoen an och do ass.

Et gouf hei ugeschwat: Natierlech, wa mer schwätze vun Tourismus, da brauche mer och grad dann ... Wann een Alkohol drénkt, geet et jo drëm, esou mann wéi méiglech Trajeten ze maachen. Et hëlleft also och, datt een op der Plaz ass oder relativ no bei der Plaz ass. An dofir sinn natierlech och Hotelszëmmere respektiv Logementsënnerbréngunge wichteg. An dofir ass et och ëmsou méi wichteg, fir ze kucken, Konzepter auszeschaffen, wéi mer dat fäerdegbréngen.

Et gouf hei ugeschwat d'Bauen an de Gréngzonen. Ech mengen, ech huelen déi Elementer do mat virun un d'Ëmweltministesch. Ech entschëllegen, datt se de Mëtteg net kann derbäi sinn, well se effektiv zu Glasgow op der COP ass ...

#### (Hilarité générale et brouhaha)

... an do natierlech och ...

Ech hoffen, datt se net op der „Kopp“ ass!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*):- Nom Pättchen, deen ee gedronk huet, ass een heiansdo op der Kopp, dat stëmmt!

■ **M. Romain Schneider**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*:- Dat géif ech dem Carole Dieschbourg elo net wënschen, mee ech mengen, déi eis do international vertrëtt bei de Verhandlungene ronderëm de Klimaschutz an eis sécher och eng Rei vu richtegen Interventioune mécht an dann och eng Rei vu Feedbacken an d'Chamber wäert mat eriwwerbréngen.

Ech mengen, och de Kongresstourismus gouf hei ugeschwat, wou ech och muss soen, datt jo ganz vill geschitt ass an deene leschte Joren. Hei gëtt effektiv scho ganz vill gemaach. An och hei huet grad d'Pandemie eis e bësse gebremst an där Saach. Mee ech mengen, dee Streaming, dee leeft awer. An ech mengen, et ass hautdesdaags awer esou, wann effektiv Leit dann an d'Stad kommen, datt och d'Musel mat verbonne gëtt, fir och hei da kënnen nämlech déi richteg Akzenter ze setzen.

Klimawandel, Ëmweltschutz goufen ugeschwat vun Einzelnen hei. An ech mengen, natierlech ass et esou, datt op där enger Säit sécher de Wäibau genausou gutt wéi och d'Landwirtschaft u sech de Changement climatique ze spiere kréien. Ech mengen, hei ginn ëmmer erëm virun allem Dréchtenen zitéiert, déi spillen, et gëtt Naturkatastrophen, déi gespillt hunn.

Et gëtt e klengen Ofleeër, e positiven Ofleeër: datt natierlech d'Usteige vun den Temperaturen derzou féiert, datt mer eventuell och aner Wäinzorte kënnen hei op Lëtzebuerg kréien. Dat ass een Ofleeër dovun. Mee deen aneren ass vill méi schlëmm.

An dofir ass et evident, datt natierlech och an der Landwirtschaft u sech, an do gehéiert dann natierlech och als grouss Pilier de Wäibau derbäi, déi néideg Efforte musse gemaach ginn, fir eng nohalteg Landwirtschaft, en nohaltege Wäibau ze maachen, wou déi dräi Komponente mussen erëmkommen. Mir hunn do vill och vun där wirtschaftlecher geschwat. Mir schwätze vun der ekologescher elo an dat heescht d'Erhaltung vu Biodiversitéit, Ëmweltschutz et cetera.

Ech mengen, hei sinn eng ganz Rei Pisten opgezeechent ginn. De Verzicht op Glyphosat, do war d'Musel déi Éischt, déi et gemaach hunn. Doriwwer eraus, mengen ech, sinn och si déi, déi ganz vill an dem Beräich vun Innovatioun, Recherche ënnerwee sinn, wat eng ganz Rei vu Léisunge kënnen sinn.

An dann, mengen ech, ass, wéi schonn zitéiert, wéi d'Biolandwirtschaft natierlech och de -Wäibau een, dee mer brauchen, fir och virun allem déi Ziler, der mer eis gesat hunn, an Zukunft kënnen ëmsetzen.

Déi Zuelen, déi hei genannt gi sinn: Ech hunn e bëssen aner Zuelen, dat schéngen e bësse méi aktueller ze sinn.

Mir sinn de Moment bei 22 Wënzer, déi, soen ech emol esou, Biowäinproduzente sinn oder ginn. Ënner deenen 22 sinn der 8, déi partiell ëmgestige sinn, an et sinn der 3 an der sougenannter Konversionsphas vun dräi Joer. Wann ech déi derbäihuelen - déi 7, pardon, 7! -, si mer also 22 Wënzer, déi et entweder sinn oder déi um Wee sinn, effektiv de Biowäibau zu Lëtzebuerg ze maachen.

An dobäi komme mer dann och op 505 Hektar. Dat ass en anere Prozentsaz, wéi Dir ..., wéi gesot gouf vu 5 %. Mee dat sinn d'Zuelen, déi ech elo aktuell kritt hunn effektiv vu menge Servicer. An do komme mer op ongeféier 8 %.

Mir gesinn also: Mir sinn nach net do, wou mer wëlen hin, mee mir gesinn, datt mer an där richteger Richtung sinn. An ech muss soen, wann een effektiv och mat de Wënzer op der Musel schwätzt, mengen ech, ass et och do esou, datt et drëm geet, e Mateneen ze maachen, fir eng nohalteg Produktioun am Wäibau ze maachen. Et ass och dat, mengen ech, wat ech vun all deenen anere Riedner hei op dësem Pult héieren hunn a wat ech och esou positiv opgräifen.

D'Diskussioun, déi grad och kënnt, ass déi: Mir kréien eng nei europäesch Agrarpolitik, déi deemnächst elo am Europaparlament dann och wäert gestëmmt ginn. Doriwwer eraus schaffe mer intensiv um Lëtzebuerger Plan stratégique, dem PSN, wou ech mat allen Acteuren diskutéiert hunn, och mam Wäibau sinn ech do amgaangen. Ech hat och eng éischt Ronn gedréit an der Chamber.

D'Ufro, mengen ech, vun der Madamm Modert war och, fir selbstverständlech an d'Chamberskommisioun nach eng kéier ze kommen. Ech hat dat och gesot bei där leschter Kommissiounssitzung, wou Der leider verhënnert waart, datt ech natierlech, wat mer méi konkreet ginn, nodeem mer och am Regierungsrot waren, parallel dozou dann och d'Chamber informéieren, wat am PSN steet.

An ech mengen, et ass evident, datt och grad iwwert d'Consultation publique, déi jo elo no an no ofgeschloss gëtt, nach eng Rei Elementer derbäikommen, an dann ass dee Pabeier fäerdeg, dee mer musse ficeliéiere bis Enn des Joers, fir en dann op Bréssel och ze schécken, an op Basis vun deem mer da jo och eist Agrargesetz mussen erstellen.

An deem Kader ass och vill Diskussioun ronderëm den Impakt vun der neier PAC par rapport zum Wäibau. A bei den Diskussiounen do ronderëm déi Jetonen, mengen ech, muss een awer eng kéier kloerstellen, datt, wa mer herno fäerdeg sinn an dee ganze Package eng kéier kucken, deen entsteet, da wäerten d'Wënzer de Gewënner gi vun dëser Reform, wat déi direkt Bähëllef betrëfft. Et ass richteg, datt de Moment de Jeton vun de Wënzerbetriber ronn 100 Euro méi héich ass, wéi dat an der Moyenne am Land ass.

Dir wësst, mengen ech, datt och effektiv virgesinn ass, datt dëse Jeton, de sougenannten Droit au paiement, am éischte Pilier landeswäit soll gläich sinn ab dem Joer 2027. Fir dohinnerzекommen, mengen ech, wäert et esou sinn, datt dann e Paiement de base wäert ausbezuelt gi vun 145 Euro den Hektar. Dat ass natierlech manner, wéi dat de Moment de Fall ass.

Et ass awer esou, datt jo och an dem System virgesinn ass, datt de Greening ersat gëtt duerch d'Eco-Schemes, Eco-Schemes, déi op d'mannst 25 % vum Budget musse bedeeien am éischte Pilier. An eng vun deene Moossnamen ass zum Beispill d'Verwirrmethod bei de Wënzer, déi de Moment scho genotzt gëtt vun deenen. An et ass och ugeduecht, datt mer déi (veuillez lire: déi Ënnerstëtzung, genannt RAK-Primm) géifen erhéien op 320 Euro pro Hektar, wat de Moment 197 Euro sinn, wou een also e gudden Deel vum Ausgläich ka maachen.

Deen aneren ass deen, wéi scho gesot, mengen ech, vum Tess Burton hei, datt mer effektiv kucken, fir bei deenen eenzelne Verdeelunge virun allem déi kleng Betriber ze ënnerstëtzen. Dat heescht, datt mer och virun allem op den éischten Hektare méi ginn. An opgrond dovun sinn natierlech och all d'Wënzer beträff, déi net esou vill Hektaren hunn, soudatt also och do nach eng kéier 30 Euro kënnen bäikommen, respektiv 70 Euro, deemno wéi héich déi Hektare sinn, soudatt een, wann een alles zesummenhëlt, mat derniewent nach den Aides jeunes, déi entstinn, herno effektiv de Montant, dee wäert kommen, muss am Ganze gesinn. A wann een alles zesummenzielt, wäert op kee Fall de Wënzer de Verléierer sinn, mee éischter de Gewënner sinn, natierlech bezunn op méi kleng Betriber.

Derniewent kënnt och nach, datt mer eng zousätzlech ..., et gëtt och d'Landschaftsflégeprimm bei de Wënzer substanzuell erhéicht. D'Situatioun ëm 100 Euro pro Hektar gëtt souguer eropgesat bis op 950 Euro bei extreeme Steillagen. An och dat si substanzuell Hëlfelefen.

Also, wéi gesot, bei dëser Reform wäerten de Wäibau an d'Wënzer mat Sécherheet Gagnants sinn. Dat ass och gutt an dat ass och richteg esou!

Et waren nach e puer konkreet Froen, déi gestallt gi waren hei. Zum Deel sinn der ewell e puer beäntwert ginn.

Elo engersäits mat de Wéngertepéil: Also, et ass esou, datt effektiv dat och am Budget 2022 virgesinn ass - ech hat dat an der Chamberskommisioun erkläert. An deem Artikel, deen engersäits d'Asammele vum Siloplastik, awer och d'Wéngertepéil betrëfft, ass dat och am Budget 2022 virgesinn a gëtt iwwert de Budget vum Agrarministère awer bezuelt. Ech mengen, dat ass eng Prezisioun, déi ech wollt ginn. Och do, mengen ech, ass also eng Kontinuitéit dran.

Dann, d'Saach vun de Fläschchen ass gereegelt. Ech mengen, do ass et jo esou, datt een Amendement stattfonnt huet, wat effektiv dat dote reegelt. Dee Problem, mengen ech, ass also kee méi, deen ass also geléist ginn.

Da war nach d'Fro opkomm ronderëm d'Bauen an der Gréngzon et cetera. An do, mengen ech, géif ech drop verweisen, datt d'Ëmweltministesch net hei ass an datt een dat eng kéier soll zesumme mat hir vläicht kucken an der zoustänneger Kommissioun, an der Ëmweltkommissioun, oder eng kéier eng Jointe maachen, fir dat a Rou eng kéier ze analyséieren an dann och déi richteg Äntwerten do kënnen ze kréien.

Dann, wat de soziale Volet betrëfft: Ech hu gesot, datt fir mech ..., nohalteg ass e Volet, engersäits wirtschaftlech, ekologesch, awer och sozial. An do ass et evidenterweis esou, datt ech villes ënnerstëtze vun deem, wat hei gesot gouf, datt mer natierlech och musse kucken, datt eng sozial Ofsecherung, eng besser sozial Ofsecherung, do ass. An do zwou Pisten, déi ech nëmme wëll opzeechnen.

Déi éischt ass déi, déi ech de Wënzer schonn offéiert hunn. Am Kader vun der Mutualité des employeurs ass et jo esou, datt all Independant sech selwer an déi Mutualitéit ka mellen. Dat gëtt seele gemaach. Et sinn der eng Rei, déi dat effektiv verpasst hunn. Dat ass net obligatoresch, dat ass fräiwëllig.

Mee wann ech dat maachen, da kann ech an deem Moment och natierlech profitéiere vun deene Mutualitéitsiddien, déi hannendru sinn, datt heescht d'Bezuelen zum Beispill am Krankheitsfall vum éischten Dag un. Dann ass et zum Beispill och de Congé pour raisons familiales, dee gespillt hätt, wéi en elo fir aner Leit gespillt huet, déi effektiv iwwert de System an der Mutualitéit gemellt waren.

Nëmmen dat sinn zwee Punkten, wéi mer scho kënnen opfänken. An et sinn nach eng Rei aner Avantagen do derbäi.

An dann hannendrun d'Diskussioun ronderëm d'Pensiounen: Jo, datt hu mer gemaach. Do steet am Programm eng Analys dovun. Mir hunn déi Analys esou duerchgezunn op Basis virun allem vum Reglement vum 27. Juni 2016, wou jo dat gereegelt ass, wat als Revenu geholl gëtt, fir eebe Cotisatiounen ze bezuelen.

A bei de Pensiounen ass et einfach. Ech mengen, déi meescht, déi heibanne sinn, wëssen dat. Et gëtt zwee Facteuren, engersäits: „Wéi vill Joer hunn ech abezuelt?“, an zweetens: „Wat ass de Montant, deen ech abezuelt hunn?“ A wat dee Montant natierlech méi héich ass, wat d'Pensioun herno och méi héich ass. Do ass also eng Logik derbäi.

A dofir musse mer eebe kucken, wéi mer dat heite kënnen matspillen an dat, wat elo definéiert ass als Marge brute standard, datt een eebe kuckt, wéi een dat nei definéiert. Do hu mer eng Rei Froen, déi mer engersäits och un d'IGSS ginn hunn, fir ze analyséieren engersäits: Wéi vill gëtt de Moment cotiséiert? Wéi vill sinn et der, déi cotiséieren? Wat sinn d'Montante vun de Cotisatiounen? Wat sinn d'Montante vun de Pensiounen, déi ausbezuelt ginn? Wéi héich misste mer dann déi Montante setzen, datt aner Pensiounen derbäi erauskéimen?

Alles dat ass eng Analys, déi mer zum Deel ofgeschloss hunn, mee awer nach net ganz ofgeschloss hunn, fir da kënnen mat engem Modell erëmzekommen, deen een dann och kann adaptéieren, fir dann och an Zukunft am Beräich vun de Pensiounen déi richteg Entscheedungen ze huele fir eis Wënzerinnen a fir eis Wënzer.

Zum Schluss vläicht, mengen ech, nach e puer Iwwerleungen a fir mech nach eng kéier de Plädoyer, datt mer en exzellente Wäin a Cremant hei zu Lëtzebuerg hunn, datt mer do solle virun an der Linn bleiwen, fir Qualitéit ze férdere, och esou op deem Qualitéitsniveau d'Präisser ze adaptéieren. De Konsument ass bereet, Qualitéit ze bezuelen. Dat ass bei alle Produkter esou an dat ass och beim Wäin esou.

Wat ech och gemierkt hunn awer, ass, datt mer ganz vill jonk Wënzer hunn, déi wëllen an dee flotte Beruff eraklammten. Dat ass flott ze gesinn. Dat ass iwwregens och an der Landwirtschaft generell de Fall, datt der ganz vill do sinn, déi wëllen effektiv dëse flotte Beruff ausüben.

A grad, mengen ech, och d'Pandemie huet Loscht ginn, fir effektiv déi lokal, regional Bioprodukter





hierzustellen hei zu Lëtzebuerg. An doriwwer eraus, mengen ech, soll an Zukunft virun allem de Wäin-tourismus, Erlebnistourismus eng grouss Plaz hei zu Lëtzebuerg kréien, fir dann och virunzekomme mat dem Verkaf.

Bon, wéi gesot, vu villen och schonn hei zitéiert: Mir kréien d'Geleeënheet, d'nächst Woch um Glacis bei der „Fête des Vins et Crémants“ dës Produkter ze genéissen. Ech mengen, dat ass eng flott Plaz, fir och kënne mat de Wënzerinnen a Wënzer nach eng Kéier als Parlamentarier iwwer Problemer ze diskutéieren a Léisungen ze sichen.

An deem Sënn, merci fir dës Interpellatioun! An ech géif soen, kommt, mir selwer paken eng Hand hei mat un a mir fuere virun, de Lëtzebuerger Wäin a Cremant ze genéissen!

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Wäibauminister Romain Schneider. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

#### Motions

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung vun de verschiddene Motiounen.

#### Motion 1

Fänke mer u mat der Motioun Nummer 1. Dat ass déi, déi vum Här Gilles Baum deposéiert ass ginn. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Madamm Octavie Modert.

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Jo, merci, Här President. Grosso modo kann een déi Motioun hei ënnerstëtzen. Ech hätt vläicht nach zwou Froen an ee Virschlag do derzou, wann et erlaabt ass.

Bon, ech hätt gefrot: Wat ass dat fir eng „stratégie de développement des vins luxembourgeois“, déi hei zweemol ernimmt ass? Well dat ass eng, déi scho méi al ass an déi, mengen ech, och net méi hautdesdaags kann aktuell sinn.

Meng zweet Fro wär gewiescht: Ass et éischer « mettre en place un cadre clair pour les salles de dégustation », andeem een dann dat Wuert „légal“ géif ewechloossen?

Mäi Virschlag wär fir dee leschten Tiret - wat do drasteet, ass net 100%eg korrekt -, do géif ech virschloen, an ech hat dat och scho viruginn, datt ee géif schreiwen: « poursuivre ses efforts pour une viticulture toujours plus durable, et soutenir le développement de cépages plus résistants aux maladies », an esou weider an esou virun, « et ne nécessitant pas ou peu de traitements phytosanitaires ». Da wär et nämlech korrekt, wat dann do steet. An ënnert deene Konditiounen, falls dat uegohll gëtt, da géif d'CSV déi hei och mat ënnerschreiwen, matstëmmen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Modert, fir déi Verbesserungen. Ech ginn d'Wuert un den Auteur vun der Motioun.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Jo, ech soen der Madamm Modert Merci. Mir hunn dat effektiv beim leschten Tiret zesumme gekuckt. Ech hunn dat och mam Här Minister nach eng Kéier gekuckt. Also, mir si frou, Madamm Modert, fir déi Textpropos, déi Der gemaach hutt, a mir huelen déi natierlech ganz gären un.

#### Motion 1 modifiée

*La Chambre des Députés,*

*- soulignant l'importance de la viticulture pour le Luxembourg, tant au niveau économique, touristique que culturel ;*

*- saluant le progrès au niveau de la qualité des vins et crémants luxembourgeois au fil des dernières décennies ;*

*- constatant que le secteur viti-vinicole a été profondément touché par la pandémie du covid-19 ;*

*- saluant que le Gouvernement a mis une panoplie d'aides à disposition des viticulteurs afin de surmonter cette pandémie ;*

*- saluant qu'une stratégie de développement des vins luxembourgeois a été présentée par le ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural ;*

*- considérant la volonté du Gouvernement de faciliter le tourisme rural et la création de gîtes ruraux dans le respect de la loi sur la protection de la nature ;*

*- convaincue que les salles de dégustation sont une plus-value, tant au niveau de la promotion et de la vente de produits viticoles que pour l'attractivité de la Moselle comme destination touristique ;*

*- constatant qu'il existe des incohérences au niveau des régimes de pensions des viticulteurs ;*

*- observant que le changement climatique a un effet non négligeable sur la viticulture ;*

*- considérant que le Gouvernement s'est engagé à promouvoir des modes d'exploitation agricoles du-*

*rables, qui préservent la biodiversité et protègent les ressources en eau et la fertilité des sols en limitant l'usage de pesticides ;*

*- notant que le plan d'action national de promotion de l'agriculture biologique a pour objectif d'atteindre 20 % des surfaces agricoles du Luxembourg exploitées en agriculture biologique à l'horizon 2025,*

*invite le Gouvernement à*

*- garantir la mise à disposition de moyens nécessaires pour promouvoir efficacement le secteur vitivinicole luxembourgeois, tout en considérant les spécificités des différents producteurs ;*

*- soutenir le Fonds de solidarité viticole dans la mise en œuvre les conclusions tirées de la stratégie de développement des vins luxembourgeois ;*

*- mettre en place un cadre légal clair pour les salles de dégustation ;*

*- achever au plus vite le centre mosellan à Ehnen, ainsi qu'à promouvoir l'œnotourisme en général ;*

*- éliminer les incohérences existantes au niveau des différents régimes de pension des viticulteurs ;*

*- continuer à promouvoir la viticulture durable et biologique, notamment dans le cadre du PAN-Bio 2025 ;*

*- poursuivre ses efforts pour une viticulture toujours plus durable, et soutenir le développement de cépages plus résistants aux maladies et ne nécessitant pas ou moins de traitements phytosanitaires.*

(s.) Gilles Baum, Tess Burton, Georges Engel, Chantal Gary, Carole Hartmann.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum.

Kënne mer elo zum Vott vun dëser Motioun kommen?

#### Vote sur la motion 1 modifiée

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg uegohll.

#### Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Dat ass déi Motioun, déi vun der Madamm Modert deposéiert ginn ass. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen? D'Madamm Tess Burton!

■ **Mme Tess Burton (LSAP).**- Jo, merci, Här President. Ech géif do gär kuerz zu verschiddenen Invitten eppes soen. Ech mengen, de Minister ass op eng ganz Rei Punkten agaange gewiescht, zum Beispill déi Evaluatioun vum Impakt vun der Pandemie, déi soll gemaach ginn. Déi ass amgaang ze lafen. An do hat de Minister eis et jo och schonn ugekënnegt, soubal dat ofgeschloss ass, géif en eis dat och an d'Kommissioun presentéiere kommen. An elo grad huet e jo och nach gesot, dass do eventuell, wann néideg, souguer nach kéinten Aidë weider ausbezuelt ginn.

Bon, zur Strategie, zu enger neier Strategie ass grad de Minister drop agaangen, dass warscheinlech verschidden Upassungë wäerte gemaach ginn, mee dass elo net virgesinn ass, eng komplett nei Strategie op de Wee ze bréngen.

A bon, hei ginn och d'Budgeten ugeschwat fir d'Campagne, fir verschidde Campagnen. Ech mengen, och do ass haut e puermol gesot ginn, dass zum Beispill eng Rei Festivitéite jo elo och geplangt si fir de Cremant, wou sécher ganz vill Reklamm och wäert gemaach ginn, an och d'„Fête des Vins et Crémants“ wäert dozou bäidroen, fir de Leit hei zu Lëtzebuerg de Wäi méi no ze bréngen.

Bon, da wollt ech nach just kuerz eppes soen, da schreift Der hei, fir de Secteur vun der Gastronomie méi mat anzebannen. Ech mengen, och grad dat ass eng vun den Aufgabe vun dem ORT, déi dat awer eigentlech och maachen. Et gi jo och do Initiative wéi de „Wine Cheese Enjoy“ an de „Wine Lights Enjoy“, wou jo och d'Restaurante kënne matmaachen. Dofir ass dat net néideg, fir nach eng Kéier extra dorobber anzegoen, well dat scho gemaach gëtt.

Wéi gesot, et sinn eng Rei Invitten, déi schonn um Lafe sinn, an dowéinst géife mir déi heite Motioun och net matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Burton. Madamm Modert.

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Jo, merci, Här President. Also, ech sinn elo e bëssen iwwerrascht. Wa jo déi Saachen um Lafe sinn, da kann ee jo och eng Motioun unhuelen, da wier dat jo guer kee Problem.

Ech muss awer soen, fir hannen unzefänke vun deem, wat Der gesot hutt, datt et d'Aufgab vum ORT wär, fir d'Gastronomie ze associéieren an de „Wine Taste Enjoy“. Dat ass jo net richtig! Dat ass net dat. Déi maachen doranner näischt. Dat huet och näischt mateneen ze doen. Et geet och guer net dorëmmer!

Et geet drëm, datt d'Gastronomie insgesamt méi agebonne gëtt an eng Campagne de sensibilisation, fir de Lëtzebuerger Wäin ze vermaarten, datt d'Gastronomie selwer och dovunner ka beneficiéieren, datt si selwer kann Aktiounen matmaachen. A virun allem geet et drëm, datt mer mat esou geännerten Zäiten, wéi mer se de Moment hunn, net kënne bei deem stoe bleiwen, wat ass, an datt et mat punktuellen Aktiounen, déi relativ klenger Natur sinn, net duergeet.

Ech ginn elo guer net op den X-Logo an, wat am Fong eng Klengegkeet ass vun där ganzer Saach, deen och uewen op der Kapsel vläicht net déi beschte Plaz huet. Do kéint ech och nach aner Saachen dozou soen, wat hei kee Sënn mécht.

Mee ech mengen, datt wierklech eng ganz nei Campagne muss opgegraff ginn, datt ee muss ganz nei Richtunge goen, datt ee muss richtig, richtig Mëttelen doranner ginn, datt mer eemol erëm ukommen an datt mer dat lassgeäist kréien, datt déi Meenung do ass, de Lëtzebuerger Wäin wär net gutt, datt dat Onwëssen do ass, datt et Lëtzebuerger Wäin gëtt, deen héichqualitativ ass, an datt mer endlech eng Kéier duerchbrieche.

Well mat deenen anere Saachen, dat si flott eenzel Moosnamen, mee dat geet net duer an dat mécht och keng insgesamt Strategie aus, fir kënnen dem Lëtzebuerger Wäibau eng richtig Zukunft ze bidden.

Et ass dacks genuch elo gesot ginn: Et si vill Jonker, déi sech interesséieren. Et si vill Jonker, déi doheembleiwen. Mee do ass et néideg, datt dat ka gemaach ginn.

Mir sinn esou e klengt Wäibauland, datt mer richtig méi mussen eng Kéier do grouss opzéien, datt et gewosst ass, datt et et gëtt. Datt jiddwer Eenzelne natierlech och muss seng Aarbecht dobäi maachen, dat ass ganz kloer. Mee et gëtt där net esou vill. Do muss och eppes lwwergräifendes méi dobäi gemaach ginn.

An dofir kann ech net verstoen, an dofir maachen ech och nach eng Kéier den Appell: Dat, wat hei drasteet, ass näischt, wat lech wéi muss doen! Et sinn och Saachen, déi Der schonn emol gutt fonnt hat. Dofir géif ech wierklech d'Majoritéit opruffen, fir dat hei unzehuelen am Interessi vum Wäibausector.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Modert.

Et ass keng weider Wuertmeldung méi do, da kënne mer zum Vott vun der Motioun Nummer 2 kommen.

#### Vote sur la motion 2

De Vott fänkt un.

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Well wann Der se net unhuelt, widderspricht Der lech mat Ärer eegener Motioun!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- De perséinleche Vott. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 28 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 2 est rejetée par 31 voix contre 29 voix.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes (par M. Jean-Paul Schaaf), Marc Lies, Georges Mischo (par M. Félix Eischen), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Gilles Roth) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Georges Engel), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- O jo, 31:29, dat ass ëmmer!

#### Motion 3

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Da kéime mer zur Motioun Nummer 3.

■ **Une voix.**- 28.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dat ass déi Motioun, wou e veritabele Statut vum Wënzer gefrot gëtt. Wëllt nach een zu där Motioun Stellung huelen? Madamm Tess Burton.

■ **Mme Tess Burton (LSAP).**- Jo, ech mengen, ech wollt hei vläicht och nach eng Kéier just dat widderhuelen, wat de Minister gesot huet: dass déi sozial Ofsécherung ganz wichteg ass. En ass do op déi Saach mat der Mutualitéit agaangen an och déi Saach vun de Pensiounen, déi mer och an eiser éischer Motioun schonn drastoen haten, dass do d'Analys leeft. Dofir ass net gefuerdert, fir do en extrae Statut ze kreéieren. An dofir géif ech och hei proposéieren, déi hei Motioun ofzeleenen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Burton. Da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Modert.

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Jo, also, ech weess jo net, ob Der se net gelies hutt. Wat de Minister gesot huet, ass zwar richtig, mee dat ass awer net dat, wat hei drasteet. Ech hunn aner Saache gefrot wéi dat, wat de Minister gesot huet! Wat de Minister gesot huet, dat ass do, dat ass richtig mat der Mutuelle. Mee hei stinn aner Saachen dran. Hei geet et guer net ëm dat, wat hie gesot huet!

Hei geet et drëm, datt se och kënnen en Invalideregimm kréien, deen haut net méiglech ass fir en Independent op déi Fassong do, wéi en néideg wär. Datt een hinnen iwwergangsweis e Congé thérapeutique géif kënne ginn, dat kann eventuell mat der Mutuelle esou gesi ginn. Mee dat ass awer trotzdem net dat!

Mat de Pensiounen, jo, dat huet e gesot gehat. An hei geet et och drëm, fir ze hëllefen, datt e Btrib, dee soll iwwergoen op een, deen net vun de Kanner vum Wënzer ass, ka besser goen.

Also, dat si ganz aner Saache wéi dat, wat de Minister gesot huet. Et gëtt also keng Ursaaach, fir déi hei net unzehuelen. Dat hei ass ganz wichteg, fir de Wënzer ze hëllefen. Hei musst Der Jo soen!

#### (Exclamations et brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Modert.

Et ass keng weider Wuertmeldung méi do. Da kënne mer och zum Vott vun der Motioun Nummer 3 kommen.

#### Vote sur la motion 3

De Vott fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 28 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 3 est rejetée par 31 voix contre 29 voix.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Gilles Roth) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

#### Motion 4

Da kéime mer zur Motioun Nummer 4. Dat ass déi Motioun, wou et ëm d'Naturschutzgesetz geet. An do wëllt den Här François Benoy d'Wuert ergräifen.

■ **M. François Benoy (déi gréng).**- Jo, villmools merci, Här President. Wéi Der gesot hutt, geet et ëm d'Naturschutzgesetz, méi speziell ëm nei Constructiounen respektiv existéierend Constructiounen





an der Zone verte. Ech wëll do preziséieren: d'Zone verte, déi destiné ass, fir eidel ze bleiwen, ausser fir Constructiounen, wou et ëm landwirtschaftlech Aarbechte geet, déi awer och indispensabel solle si fir d'Exploitation.

Da gëtt iwwert dee Projet de règlement grand-ducal geschwat, wou et eeben ëm verschidden Type vu Constructioun an der Zone verte geet, e Projet de règlement, deen an der Prozedur am Moment ass, wou och nach keen Avis vum Staatsrot doläit.

An der Motioun gëtt geschwat dovun, dass d'Transformatioun vun Drauwen, d'Commercialisatioun vu Produits viticoles verbuede wären an och net autoriséiert géife ginn an der Zone verte. Dat ass awer net de Fall. Et gëtt natierlech eng gewësse Fläch, déi am Moment och applizéiert gëtt do, mee souwuel d'Transformatioun wéi och d'Cuverie wéi d'Schmaachen wéi d'Commercialisatioun si méiglech, awer natierlech nëmmen esou, wéi och d'Gesetz et am Kader vun deenen Dispositiounen, déi ech och elo zum Deel virdu genannt hunn, virgesäit.

Da steet och hei, dass dat am Moment net méiglech wär, also « que tel fut possible jusqu'à l'heure actuelle ». Also, do wëll ech just soen: Dat neit Naturschutzgesetz ass vun 2018, wou preziséiert ass, dass et ëm „constructions indispensables“ geet. Dat heescht, och deen Tiret, mengen ech, ass esou net richtig.

Bon, wéi et virdu gehandhaabt ginn ass mam alen Naturschutzgesetz, ech kommentéieren dat elo weider net. Ech weess et vläicht och net esou gutt wéi anerer. Do iwwerloossen ech d'Appreciatioun aneren.

Op jidde Fall, dat heiten ass e Règlement grand-ducal, dee soll Kloeerheet ginn, dee soll Rechts-sécherheet ginn, e soll och konform sinn zu deem Gesetz, wat an der Chamber hei gestëmmt ginn ass.

Da gëtt hei och gesot, dass dee Projet de règlement grand-ducal net de Besoine géif entspieche vun dem Secteur. Also, dee Règlement grand-ducal ass duerch de Regierungsrot gaangen. Wann en Text duerch de Regierungsrot geet, da gëtt e jo och mat deene verschiddenen ..., an dësem Fall, wat elo an de Riede gesot ginn ass, souwuel mat dem Wäibau wéi och mat dem Tourismus ofgeschwat. Dat heescht, ech kann déi Behauptung eigentlech esou net stoe loossen. An ech hu vollst Vertrauen an d'Regierung, dass dat an deem Sënn och passéiert ass.

Da gëtt och hei gesot mat den ..., dass am Moment dat Ganzt, dass dat den Développement vum Secteur viticole géif bremsen. Ech klasséieren dat als eng Behauptung dohin, wou ech awer net onbedéngt ..., wat einfach eng Behauptung ass, ëmmer einfach emol esou eppes ze soen.

Wéi gesot, ech kommen zu menger Konklusioun: De Règlement grand-ducal, ëm deen et hei geet, e gëtt aviséiert am Moment. En ass ganz am Sënn vun dem Naturschutzgesetz, wat jo an där heiter Chamber och gestëmmt ginn ass, an en ass och a Concertatioun souwuel mat dem Wäibau wéi dem Tourismus ofgestëmmt.

Dann, an deenen aneren Invitte geet et zum Deel och drëm, wou gesot ginn ass, dass d'Prozedure solle vereinfacht ginn, administrativ Saache solle vereinfacht ginn, wat en Zil ass, fir dat déi heite Regierung sech souwisou op allen Ebenen immens staarmécht.

An deem Sënn, déi heite Motioun kënnen mir net matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Benoy. An och hei ginn ech d'Wuert zréck un den Auteur vun der Motioun, déi honorabel Madamm Modert.

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Villmools merci, Här President. Mee, Här Benoy, ech recommandéierenlech, de Projet de règlement grand-ducal ze liesen, deen Är Ministesch deponéiert huet oder an d'Prozedur geschéckt huet. Do steet nämlech dran, datt keng Commercialisatioun an all déi Saachen - kee Pressoir, kee Bar à vin, esou ass do beschriwwen - méiglech wären an der Gréngzon.

Ech recommandéierenlech, deen ze liesen, dann zielt Der net dat, wat Der elo hei gesot hutt, well dat ass nämlech net esou!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Très bien!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Dat ass dat Éischt.

An dat Zweet, wann Dir sot ..., an da kann ech mer jo net virstellen, datt déi gréng Deputéierten dergéint sinn, datt an der Gréngzon och nach kann eng Wäistuff gemaach ginn. Wann ech héieren, wat ëmmer plädéiert ginn ass vun hinnen, fir Önotourismus ze maachen, och nach bei der Interpellatioun iwwert de ländleche Raum, da geet dat jo guer net. Also, ech ka mer net virstellen, datt déi gréng Deputéierten do dergéint sinn!

An da muss ech natierlech den Här Wäibauminister froen, wat hien da vun deenen Dispositiounen hält, wann elo den Här Benoy gesot huet, Dir wäert d'ac-

cord gewiescht am Regierungsrot mat deem Text, dee jo schliisslech do derduerchgaange wär.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Modert. Och hei ass keng weider Wuertmeldung méi do. Da komme mer och zum ...

*(Interruptions)*

Nee, den Här Wäibauminister wëllt och nach Stellung dozou huelen.

■ **M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.**- Bon, den Här Wäibauminister gouf ugeschwat, dann äntweren ech selbstverständlech drop. Ech mengen, et ass esou, wéi den Här Benoy gesot huet: Mir haten dee Projet do am Regierungsrot. Mir hunn am Virfeld och mat der Ëmweltministesche iwwert d'Applikatioun geschwat.

Eppes muss ee soen: datt dat Reglement endlech Kloeerheet schafft! Well virdu war dat esou e bëssen eng Lastikssaach, déi ëmmer erëm foncti-néiert. Hei weess ee ganz genau, wat mer hunn.

An et ass och esou, mengen ech, wann d'Méiglechkeeten do sinn, wann d'Ouverturë sinn, dann ass et och esou, datt den Ëmweltministère scho kuckt, wou effektiv och Machbarkeete sinn. An ech mengen, do sinn allkéiers och Léisunge fonnt ginn.

An deem Sënn, ech hunn dee Projet am Regierungsrot ënnerstëtzt, ech ënnerstëtzen e selbstverständlech och elo nach.

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Dont acte! Dont acte!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wäibauminister. Ech ginn d'Wuert nach eng kéier zréck un d'Madamm Modert.

■ **Une voix.**- Nee, si wollt näischt méi soen.

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Dont acte! Merci, Här President.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci. Ech mengen, da kënnen mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 4 kommen.

*Vote sur la motion 4*

De Vott fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass mat 25 Jo-Stëmme géint 35 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Aly Kaes (par M. Marc Lies), Marc Lies, Georges Mischo (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Gilles Roth) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Motion 5*

Da komme mer zur Motioun Nummer 5. Dat ass am Fong geholl déi, déi freet, fir Assises viticoles ze organiséieren. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Madamm Tess Burton.

■ **Mme Tess Burton (LSAP).**- Jo, merci, Här President. Jo, hei gëtt gefrot, fir Assises viticoles ze organiséieren. Dat iwwerrascht mech eigentlech e bëssen. Ech mengen, mir kënnen jo vläicht einfach higoen an de „Lëtzeburger Wäibaudag“, deen et scho säit 13 Joer gëtt an deen alljoers organiséiert gëtt vum Wënzerverband, ëmbenennen. Mee dat do gëtt et jo eigentlech schonn, wou alljoers eng kéier iwwert d'Erausforderungen am Secteur mat de concernéierte Leit geschwat gëtt. Dofir ass déi heite Motioun net néideg.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Burton. An och hei geet d'Wuert zréck un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Modert.

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Mee, Madamm Burton, Dir wësst jo awer och, datt de Wäibaudag

eng komplett aner Zort vun Organisatioun ass wéi Assises viticoles, wat eng Zort Bi- oder Tripartite ass oder wéi vill Partien och do sinn, déi dann um Dësch iwwer Problemer diskutéieren. Also, dat eent an dat anert sinn net ze vergläichen! Wann de Wäibaudag och ganz gutt ass, ass et awer eppes aneres wéi dat, wat op den Assises viticoles géif gemaach ginn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Modert.

Et ass keng weider Wuertmeldung méi do, da kënnen mer och zum Vott vun der Motioun Nummer 5 kommen.

*Vote sur la motion 5*

De Vott fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 5 ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Aly Kaes (par M. Marc Lies), Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Gilles Roth) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

## 6. Motion de M. Jeff Engelen relative à l'octroi d'aides financières aux agriculteurs suite à la hausse des prix de l'engrais

*(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 127 de ce compte rendu)*

Da kéime mer och nach zu där Motioun, déi den Här Jeff Engelen am Ufank vum Ordre du jour deposéiert hat a wou et drëm geet, wou finanziell Hëllef gefrot gi weinst der Deierecht vun den Dünge-mëttel. Wie wëllt zu där Motioun nach Stellung huelen? Madamm Tess Burton.

*Discussion générale*

■ **Mme Tess Burton (LSAP).**- Jo, merci, Här President. Merci dem Här Engelen fir déi Motioun hei. Ech hu grad elo mam Här Minister geschwat gehat. En huet jo d'nächst Woch en neien Agrarconseil, wou genau dat doten och de Sujet ass. Dofir géif ech proposéieren, dass mer déi heite Motioun mat an d'Kommissioun huelen an nach waarden, bis de Minister déi Diskussioun gefouert huet an dass en eis an där nächster Kommissiounssëtzung doriwwer informéiert.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Wien ass d'accord, datt mer ... D'Madamm Martine Hansen, entschëllegt!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech wëll nach eppes dozou soen. Ech sinn natierlech och d'accord, wa mer se an d'Kommissioun ginn. Ech wëll just soen, datt et wierklech am Moment dramatesch ass. Et gëtt zum Deel iwwerhaupt keen Dünger méi ze kafen. Dat heescht, souguer wann en ech weess net wéi vill géif kaschten, et ass keng Produktioun, déi méi leeft, duerch d'Energiepräisser.

De Stéckstoffdünger ass natierlech deen, deen den Ertrag am meeschte beaflosst, a mir riskéieren do, duerch, datt de Stéckstoffdünger méi deier gëtt, datt herno eis Liewensmittel méi deier sinn d'nächst Joer. An dat kënt dann zousätzlech fir d'Haushalter - wou mer virdu vun der Energiedeierecht geschwat hunn - nach eng kéier derbäi. Dat heescht, et muss gehandelt ginn!

Mir brauchen awer laangfristeg eng Visioun. An do ass awer och eng Aufgab nach eng kéier un de Landwirtschaftsminister, eng Visioun, fir datt mer manner ofhängeg gi vu mineraleschem Stéckstoffdünger. An ech denken, datt mer dorunner wierk-

lech musse plangen. Dat kréie mer kuerzfristeg net hin, soudatt elo muss gehandelt ginn.

Ech géif awer proposéieren, vu datt et hei just ëm de Stéckstoffdünger geet, datt dat net wäit genuch geet, well wa mer hei just géifen déi Baueren ënnerstëtzen, déi Stéckstoffdünger brauchen, well dee méi deier ginn ass duerch d'Präisdeierecht, da géife mer eppes géint d'Biolandwirtschaft maachen. Dofir géif ech proposéieren, datt mer allgemeng géifen iwwert d'Hëllefeng diskutéieren duerch déi héich Energiepräisser.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Hansen. Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

*(Brouhaha)*

■ **M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.**- Här President, Här President!

■ **Une voix.**- Den Här Wäibauminister!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- A, den Här Minister wëllt nach Stellung dozou huelen.

*Prise de position du Gouvernement*

■ **M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.**- Merci, merci, Här President. Ech wollt just eng kéier Stellung dozou huelen. Ech gesinn am Prinzip, mengen ech, déi Suite, déi mer kënnen ginn, fir et effektiv an der Kommissioun ze diskutéieren, an et sollt een et effektiv méi breet diskutéieren.

Ech mengen, och zu Bréissel kucke mer e Méindeg am Kader vun der „situation des marchés“ déi eenzel Voleten. Dat sinn engersäits d'Präisser vun den Düngemëttelen, et sinn awer och d'Präisser vun de Fuddermëttelen op där enger Säit an natierlech och d'Präisser vun Energjemëttelen. Da soe mer dat, ech ginn lech dann e Reflet, wéi d'Meenung vun der Kommissioun do ass, wat d'Piste sinn, déi opgezeechent ginn.

Ech wollt och nach vläicht soen: Ech mengen, den Här Engelen huet Polen zitéiert, wat do ewell eng Aide agefouert hat. Ech froe mech awer, ob déi Aide étatique dann och ofgeseent ass vun der Kommissioun. Ech ka mer dat net virstellen, well mir diskutéieren eréischt elo ënnert deenen eenzelne Länner iwwert d'Mesuren, déi geholl ginn. Ech mengen, mir kucken dann, fir eng Analys ze maachen.

An et ass effektiv esou, datt jo beim Bauer virun allem ukommen engersäits d'Recetten, mee och d'Depensen. An effektiv ass et de Moment esou, datt d'Depensë staark belaauscht ginn duerch déi eenzel Elementer. Ech mengen, dat verstärkt nach eng kéier, datt mer an der Kommissioun dee ganze Volet solle kucken. An ech kommen ..., soubal de Conseil de 15. war, hu mer eng Reunioun ausgemeach, wou mer dat dote kënnen diskutéieren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Landwirtschaftsminister Romain Schneider. Da ginn ech nach d'Wuert un den Auteur vun der Motioun.

■ **M. Jeff Engelen (ADR), auteur.**- Merci allegueren. Ech géif mech dann uschléissen a mir géife se dann an d'Kommissioun huelen an da méi am breede Konsens diskutéieren. Et ass am Interessi vun der Saach. An ech mengen, dat solle mer virzéien.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Engelen.

*Vote sur le renvoi de la motion en commission*

Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

An domadder muss d'Landwirtschaftskommissioun sech mat där Motioun beschäftegen.

## Le saviez-vous ?

### CONFÉRENCE DES PRÉSIDENTS

La commission dénommée « Conférence des Présidents » décide des questions relatives à l'organisation des travaux parlementaires, propose l'ordre du jour de la Chambre et donne son avis au sujet des projets de règlement grand-ducal pour lesquels son avis est requis en vertu d'une disposition légale.





## 7. 7643 - Projet de loi sur les données ouvertes et la réutilisation des informations du secteur public

Mir kommen elo zum Projet de loi 7643 iwwert d'Open Data. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An d'Wuert kritt de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

■ **M. Guy Arendt** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, de Secteur public erfaasst eng riseg Unzuel vun Donnéeën, déi souwuel fir d'Bierger wéi och fir d'Entreprisë vu grousssem Notze kënnen sinn.

Leider sinn dës Informatiounen a ville Fäll net esou fräi zougänglech, soudass d'Wëssensvermittlung, déi eigentlech awer e Facteur ass, deen immens wichteg ass fir d'Innovationsfähigkeit vun eiser Wirtschaft, zum Deel ausgebremst gëtt.

Fir dësem Problem entgéintzewierken, huet d'Regierung sech dozou engagéiert, fir de Bierger an Entreprises een universellen Zougang op Donnéeën vum Secteur public ze erméiglechen. Eng oppen Datepolitik schafft nämlech net just eng besser Transparenz, mee erméiglecht eis och, d'Potenzial vun den interaktuelle Ressourcen optimal auszunutzen. Eng oppen Datepolitik ass net nëmmen e wichtige Piller fir eis Demokratie, mee schafft och en ekonomeschen, sozialen an ökologeschen Méiwäert fir eis Gesellschaft.

Zu enger oppener Datepolitik gehéiert allerdéngs net just de fräien Accès op d'Informatiounen, mee och eng fräi Weiderverwendung vun dësen Donnéeën. Wat bréngt et eis, wa mir d'Donnéeën zwar virun eis leien hunn, mee se net kënnen benotzen? An deem Sënn huet d'Regierung hir Open-Data-Strategie ganz un d'Richtlinn vun der europäescher Direktiv iwwert d'Weiderverwendung vun de sougenannten „données ouvertes“ ugepasst.

Déi éischt Direktiv stamt aus dem Joer 2003 a gouf mam Gesetz vum 4. Dezember 2007 an nationalt Recht ëmgesat. Dës Direktiv gouf dunno 2013 eng éischte Kéier modifizéiert an deemno huet och dat Lëtzebuerger Gesetz missen ugepasst ginn. 2019 koum et dunno zu där zweeter Upassung vun der Direktiv „Open Data“.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de virleiende Gesetzesprojet huet als Objet, déi europäesch Direktiv 2019/1024, also déi neiste Version vun der Direktiv Open Data, an nationalt Recht ëmzesetzen. Ouni ze vill an d'Detailer ze goen, presentéieren ech lech déi wichtegst Punkte vun dësem Projet de loi, déi gréisstendeels aus dem europäeschen Text iwwerholl gounen.

Als Alleréisch gesäit dëst Gesetz eng Erweiterung vum Regimm Open Data vir. Den Ament ass et esou, datt just d'Donnéeën, déi vum engem Organisme de secteur public verëffentlecht ginn, ënnert d'Reegele vun der Open-Data-Direktiv falen. An Zukunft soll de Regimm allerdéngs op zwou weider Kategorië vun ëffentlechen Donnéeën ausgebaut ginn: dat ass engersäits op Donnéeën, déi am Kader vu wëssenschaftlecher Recherche gesammelt respektiv erstallt ginn, an andersäits op fräi zougänglech Informatiounen vu verschiddene Betriber.

Wat déi éischt nei Kategorie betrëfft, viséiert dëse Projet de loi nëmmen Donnéeën, déi während dem Prozess vun enger Recherche gesammelt oder erstallt ginn. Déi final Publikatioun, also d'Resultater vun de wëssenschaftlechen Aarbechten, falen dogéint net ënnert d'Reegele vum Open Data. Hei dernieft wäerten déi nei Reegele just fir wëssenschaftlech Aarbechte gëllen, déi och vum Staat finanziert a fräi accessibel sinn.

Déi zweet nei Kategorie betrëfft d'Donnéeën vun den Entreprises publiques, also vun deene Betriber, déi entweder a staatlecher Hand sinn oder déi der Kontroll vum Staat ënnerleien. Dës Entreprisë produzéieren immens wäertvoll Donnéeën, déi den Ament leider nëmme begrenzt kënnen weider genotzt ginn. Aus deem Grund proposéiert dëse Projet de loi, d'Reegele vum Open-Data-Regimm och op d'Donnéeën vun dëse Betriber auszeweiten.

Ech wëll op dëser Plaz nach eemol betounen, datt dëse Gesetzesprojet net den Accès, mee villméi d'Weidernotze vu wichtige Dokumenter reegelt. Bei dësem éischte Punkt vum Gesetzesprojet geet et also eleng nëmmen drëms, d'Weidernotze vun Dokumenter ze vereinfachen, déi d'Entreprises publiques schonn am Virfeld publizéiert hunn.

Am Resümee: D'Zil vum éischte Punkt ass et, d'Benotzungsbedéngunge vun den ëffentlechen Donnéeën méi transparent ze gestalten. Souwuel d'Wëssenschaft wéi och de Secteur public sinn am Besëtz vun Daten, déi extreem wäertvoll fir d'Entwécklung vun neie Produiten a Servicer sinn. Also loosst eis dat Potenzial och notzen!

Komme mer elo zum zweete Punkt vun dësem Projet de loi: der Aféierung vun engem Ensemble de données de forte valeur. Dësen Text definéiert sechs thematesch Kategorië vun Daten, déi besonnesch wäertvoll fir eis wirtschaftlech Entwécklung sinn. Dës Donnéeën sollen an Zukunft méi strikte Benotzungsbedéngungen ënnerleien. Éischstens dierf d'Weiderverwendung vun dësen Donnéeën net méi vun hire Besëtzer refuséiert ginn. Zweetens mussen dës Dokumenter gratis an a spezielle Formater zur Verfügung gestallt ginn.

Den drëtten Punkt vun dësem Projet de loi betrëfft d'Léisung vu Sträitfäll. Wéi virdu schonn ugedeit, gëtt et Dokumenter vu staatlechen Entitéiten, déi zwar fräi accessibel sinn, mee déi weeder gedeelt nach weider genotzt kënnen ginn. An dësem Fall gesäit déi aktuell Gesetzeslag vir, datt eng Persoun eng Demande un déi staatlech Entitéit ka riichten an ëm Erlabnis fir de Partage oder de Gebrauch vum Dokument ka froen.

E Refus vun esou enger Demande ass allerdéngs definitiv! Bis ewell ass am Gesetz nämlech nach keng Voie de recours virgesinn. An Zukunft soll dat sech allerdéngs änneren. Dëse Projet de loi féiert nämlech genau esou eng Voie de recours géint d'Decisiounen vun de staatlechen Entitéiten an. Zil heivunner ass et, de Bierger a sengem Recht op Informatioun ze stäerken.

An engem véierten a leschte Punkt vereinfacht dëse Gesetzesprojet d'Konditiounen fir de Weidergebrauch vun den Données ouvertes. Fir déi spezifesch Detailer verweisen ech allerdéngs op mäi schrëftleche Rapport.

Zu gudder Lescht wëilt ech nach eemol kuerz op déi verschidden Avisen agoen. Während d'Extension vum Regimm Open Data an déi vereinfacht Conditions de réutilisation vun allen Instanzen begreist ginn, gëtt d'Aféierung vun der Voie de recours méi kritesch gesinn.

Souwuel den Tribunal administratif wéi och d'CNPD an d'Chambre de Commerce sinn nämlech der Meinung, datt d'Prozedur vun de Gerichtsinstanzen vill ze laangwiereg sinn an ee Recours doduerch säi Sënn an Zweck verléiert. Si proposéieren deemno, d'Commission nationale d'accès aux documents, kuerz CAD, mat dëser Mission ze beoptragen. Ee Recours bei der CAD hätt nämlech en dräifache Virdeel: E wär gratis, méi schnell a géif d'Unzuel vu Recours bei de Gerichter reduzéieren, déi souwiesou schonn u sech vun Demanden iwwerschwemmt ginn.

Hei dernieft fuerdert d'CNPD an hirem Avis, datt den Dateschutz vu perséinlechen Donnéeën bei der Mise à disposition vun ëffentlechen Dokumenter zu all Moment garantéiert muss sinn.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis véier Opposition-formellen ausgeschwat, dat well verschidde Passagé vun der europäescher Direktiv net korrekt an den Text vum virleiende Gesetzesprojet iwwerholl gi waren.

A sengen Amendementer huet de Ministère fir d'Digitaliséierung e Portail unique geschaaft, deen alleguerten d'Dokumenter regroupéiert, déi dem Public fir de Weidergebrauch zur Verfügung stinn.

Sämtlech Virschléi, déi de Staatsrot a sengem éischten Avis formuléiert hat, gounen ugeholl, soudatt déi véier Oppositions formelles konnten opgehuewe ginn.

Ech wëll zum Schluss nach all deenen, déi hei matgeschafft hunn, e grouss Merci ausdrécken a ginn heimadder och den Accord vun der DP zu dësem Projet de loi. An lech soen ech Merci fir d'Nolaushteren.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An ech soen dem Här Rapporteur Guy Arendt villmools Merci a ginn d'Wuert direkt weider un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass déi honorabel Madamm Diane Adehm.

Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

■ **Mme Diane Adehm** (CSV).- Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport, deen en eis elo grad gemaach huet.

Fir d'CSV ass d'Digitaliséierung eng vun eise Prioritéiten. An an deem Sënn begreisse mir ausdrécklech de Gesetzesprojet, dee mir haut stëmme wäerten.

Dank der Digitaliséierung ass et nämlech méiglech, un ëmmer méi Donnéeën ze kommen, déi sougenannte Big Data. Wann dës Donnéeën och nach fräi zougänglech sinn, da si mir bei den Open Data ukomm.

Bis elo waren d'Donnéeën, déi bei de sougenannte Services publics produzéiert gounen, ëmmer fräi zougänglech. Mat dem Gesetzesprojet vun haut ginn nach méi ëffentlech Donnéeën zur Verfügung gestallt, well och Donnéeën vun den ëffentlechen Betriber an der Recherche elo fräi zougänglech ginn.

Dës Donnéeën kënnen benotzt ginn, fir nei Produiten oder Servicer ze entwéckelen, awer och am Beräich vun der Santé oder dem Transport kënnen dës Donnéeën dozou bäidroen, fir innovativ Léisungen auszeschaffen. Och d'Entwécklung vu kënschtlecher Intelligenz braucht grouss Quantitéiten u qualitativ héichwäertegen Donnéeën.

Duerfir ass et wichteg a richtig, ëffentlech Donnéeën fräi zougänglech ze maachen. Ee Punkt, deen awer fir eis als CSV äusserst wichteg an dësem Kontext ass, ass dee vum Dateschutz.

Fir d'CSV steet et ausser Fro, dass d'perséinlech Donnéeën vun de Leit mussen geschützt ginn. An der Kommissioun hate mir dëse Punkt ugeschwat, an de Verrieder vum Service „Médias et communication“ sot, si wieren am Kontakt mat dem Commissariat du Gouvernement à la protection des données fir ze kucken, wéi een de Problem kéint ugoen. Kann de Minister eis wannechgelift eventuell soen, wou déi Gespréicher dru si respektiv wat bei dëse Gespréicher erauskoum?

An dann, och mam Bléck op de Leitartikel vun haut an enger gréisserer Lëtzebuerger Dageszeitung, wëilt ech vum Minister wëssen, wéi et ëm d'Souveränitéit vun den ëffentlechen Donnéeën steet.

Ech soen elo scho Merci fir d'Äntwert a ginn den Accord vun der CSV zu dësem Gesetzesprojet.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Adehm. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Lydia Mutsch** (LSAP).- Merci, Här President. Et gëtt jo gesot, dass dee bekannte Saz „Data is the new oil“ vun dem britteschen Mathematiker Clive Humby gepräagt gouf. A warscheinlech wollt hien domadder verdäitlechen, wat fir eng wäertvoll Ressource d'Date respektiv d'Donnéeën duerstellen. An dat stëmmt och, well op där enger Säit hu se eng ganz grouss strateegesch Bedeutung an op där anerer Säit, an dat ass elo wierklech wuertwäertlech ze verstoen, kënnen si verwäert ginn, wa se dann eeben entspriechend verschafft gounen, dëst ëmsou méi an enger serviceorientierter Gesellschaft, wéi mir se haut kennen. An d'Bedeutung vun Date fir eis Économie ass an de leschte Joren immens staark geklommen. An deen Trend ass soubal nach net eriwuer.

Mir sollten eis och deem Trend do net entgéintstellen, mee vill méi derfir suergen, dass seng gesetzlech Rumm, déi et jo och bei eis scho gëtt, ugepasst an erweidert gëtt.

Eng ganz Rei vun Initiative lafe jo elo schonn, wéi zum Beispill eis Open-Data-Strategy mam Portail data.public.lu. Sou fënnt een um Site geoportal.lu ënner anerem eng Kaart, déi den Iwwerschwemmungsrisiko iwwerall am Land uweist, eng Uwendung, déi alle Bierger zeguttkomme kann. An dofir hunn ech se och hei als Beispill genannt.

Mat dësem Gesetz gi mir elo nach e Schratt weider. De gesetzleche Kader fir d'Bereetstellung vun Donnéeën gëtt nämlech op verschidden ëffentlech Entreprises an op d'Recherche erweidert, an dat fanne mir gutt!

De Rapporteur, deem ech fir säi ganz gudden a kloere Rapport, souwuel schrëftlech wéi och mündlech, e grouss Merci soen, ass schonn op ganz vill Detailer aagang. Ech wäert dat dofir hei net maachen, mee erlaabt mer just, hei e puer kleng Reflexiounen mat lech ze deelen:

Sou wéi et och eis national Open-Data-Strategy virgesäit, wäert dëst Gesetz et kreative Käpp erméiglechen, nei Produkter an innovativ Servicer unzebidden. Et ass deemno e ganz gudder Kader an e wichtige Schratt, fir d'Économie numérique ze fërdere. Fir eis Entreprisë kënnen sech doduerch och nei Akommesquellen erginn, ënner anerem duerch Verschaffe vun Donnéeën, déi et u sech scho gëtt, déi et elo scho gëtt, mee déi bis elo net zougänglech waren.

Ech denken hei ganz besonnesch un d'Donnéeën aus der Recherche. Dëst Gesetz erweidert jo den Accès op Daten, déi am Kader vu Fuerschungsaarbechte gesammelt ginn. Bis haut waren dës Donnéeën just de Chercheuren zougänglech. Elo gëtt et méiglech, dass och an eise Recherchezentren an op der Uni dës Donnéeën proaktiv mat der Aussewelt kënnen gedeelt ginn.

Vläicht komme jo elo nei Appen, déi eis hëllefen, weider Léisungen fir de Verkéiersproblem ze fannen, oder nätzlech meteorologesch Informatiounen fir Baueren oder fir Hobbygärtner. Der Fantasie sinn hei keng Grenze gesat.

An enger zweeter Reflexioun geet et mir drëm ze betounen, dass déi generell Reegelen, déi den Accès op Donnéeën erméiglechen, mat dësem Gesetz net änneren, mee dass dofir weiderhin eis bestoend Gesetzgebung gëllt. An der Praxis wäert d'Grundlag dovun d'Gesetz vum 14. September 2018 iwwer eng oppen an transparent ëffentlech Administratioun sinn.

Wéi Der wësst, war dëst Gesetz - also ech schwätze vun deem vun 2018 - vum Journalisteverband, der ALJP, staark kritiséiert ginn. Dofir wëll ech an deem Kontext op eng parlamentaresch Fro vu menger Kolleegin Francine Closener a vu mir selwer hiweisen, déi mer zu deem Gesetz gestallt haten. Aus der Äntwert vum Medieminister Xavier Bettel geet ervir, dass d'Evaluatioun betreffend dëst Gesetz aktuell an der Maach ass.

Als LSAP ware mir ganz frou ze héieren, dass doru geschafft gëtt, well et gongt jo bei dësem Gesetz vun 2018 net just drëm, fir dynamesche Startuppen Donnéeën accessibel ze maachen, mee och fir Journalisten e besseren Abléck a verschidden Dokumenter ze erméiglechen. An deem Zusammenhang maachen ech nach eng weider kleng Klammer op: An där Äntwert op eis Question parlementaire steet och dran, dass déi Circulaire, déi d'Relatiounen tëscht Mataarbechter vum Staat a Journaliste reegelt, „Circulaire Bettel“ genannt, wäert iwwerschaaft ginn. Klammer zou an dont acte - well dat fanne mir nämlech och gutt!

Dat gesot, zréck zum Projet de loi vun haut mat enger drëtter a leschter Reflexioun. Wien Open Data seet, dee seet och Dateschutz. Dat bedeit, dass een en Equiliber fanne muss, wat och d'Commission nationale pour la protection des données, also d'CNPD, an hirem éischten Avis ënnerstrach huet. Selbstverständlech solle keng persounbezunn Donnéeën erausgoen. Dofir gesäit dëse Projet de loi och vir, dass Dokumenter, wou déi geltend Dateschutzbestëmmungen net kéinten aegehale ginn, ausdrécklech vum Champ d'application ausgeschlossen sinn. Dat ass natierlech e Punkt, deen eis als LSAP ganz besonnesch um Härz läit.

A mat dëser leschter Bemierkung ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soe Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Mutsch. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Hansen** (déi gréng).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëst Gesetz soll d'EU-Direktiv 2019/1024 iwwer Open Data ëmsetzen. Sou droe mer dozou bäi, ëffentlech Date méi breet a méi systematesch zur Verfügung ze stellen a se méi einfach a käschtegünsteg fir d'Allgemeinheit notzbar ze maachen.

Mat der rasanter Entwécklung vun der Digitaliséierung sinn d'Disponibilitéit vun den Daten an hir Verknäppung zu bedeiende Facteur gi fir eis modern Gesellschaft, Wirtschaft a Wëssenschaft, awer och fir de Staat, Verwaltungen an eis Biergerinnen a Bierger.

D'Covid-19-Pandemie ass e gutt Beispill fir ze weisen, wéi wichteg aktuell, fräi zougänglech a maschinelliesbar Date sinn, déi zum Beispill vum ECDC oder op Sitte wéi ourworldindata.org genotzt ginn, fir faktebaséiert Informatiounen kënnen verständlech ze publizéieren a fir als Entscheidungsgrundlag kënnen ze dëngen.

Déi nohaltig Verfügbarkeet vu villen a qualitativ héichwäertegen Date gëtt och fir d'Entwécklung vun zukunftsweisenden Technologien a Beräicher wéi künstlecher Intelligenz oder fir d'Opstelle vu Smart Cities gebraucht.

D'Europäesch Kommissioun geet an hirer Data-Strategy vun 2020 dovun aus, datt sech de Wäert vun der Datwirtschaft bis 2025 an de Memberstaate wäert op 825 Milliarden Euro verdräifachen an datt d'Zuel vun de Beschäftegten an deem Beräich sech op 10,9 Milliounen wäert verduebelen.

Duerch d'Erweidung vun dësem Projet de loi op gewëssen Entreprises publiques sollen och si an Zukunft hir Donnéeën zur Verfügung stellen. Et muss een awer ervirsträichen, datt si net dozou obligéiert sinn, ausser et geet ëm „données de forte valeur“. Dës Kategorie vun de besonnesch wäertvollen Donnéeën ass dann och eng weider zentral Innovatioun an dësem Gesetz. Hei geet et ëm Daten aus sechs Beräicher: Geospacialitéit, Ëmwelt, Wieder, Statistik, Entreprises a Mobilitéit.

D'Mobilitéit ass e Kärberäich, wou d'Notze vun oppenen Daten extreem wichteg ass, och am internationalen Kontext. Sou si Mobilitéétsappe fir déi meescht Notzerinnen an Notzer vum ëffentlechen Transport onverzichtbar. Echtzäitdate bilde fir d'Ubidders vun esou Applikatiounen hir Geschäftsgrundlag.

Ënnert dem Minister Bausch ass dëst fréi erkannt an ënnerstëtzt ginn. De Mobilitéétsministère hat schonn 2016 e Concours lancéiert am Kader vum „Digital Luxembourg“, wou Daten iwwer Infrastruktur vum ëffentlechen Verkéier, Farpläng, Busverspeidungen, Programmdate fir Bikesharing, Geodaten an esou weider zougänglech gemaach gi sinn. D'Zil war d'Entwécklung vun intelligenten a userfrëndlechen Applikatiounen an Déngschter, fir déi multimodal grenziwwerschreidend Mobilitéit kënnen ze verbessern.





2021 ass Lëtzebuerg Virreider am Bereetstelle vun Informatiounen aus dem Beräich vum ëffentlechen Transport, wat eng grouss Plus-value fir d'Biergerinnen an d'Bierger versprécht. D'Beispill vun der Mobilitéit ass pertinent, well hei niift der Disponibilitéit vun den Donnéeën vun Ufank un och d'Benotzung mat beduecht a promouvéiert gouf.

Haut, wou de Coding an de Schoulen eng ëmmer méi grouss Roll spillt, kënnen déi gréng sech virstellen, datt déi ëffentlech Donnéeën och an der Educatioun verstärkt kënnen benotzt ginn. Esou kéinten d'Coursë fir eis Kanner a Jugendlecher méi praxisno gestalt ginn.

Dir Dammen an Hären, d'Bereetstellung vun oppeenen Daten ass e wichtegt Element fir transparent Ministerien a Verwaltungen, wat d'Vertrauen tëschent de politeschen Institutiounen an de Biergerinnen a Bierger, de Medien an der Wirtschaft stärkt. Natierlech muss awer och kloergestallt sinn, datt d'Daten, déi zur Dispositioun gestallt ginn, dateschutzkonform sinn.

D'CNPD begréisst, datt mat dësem Projet de loi den Droit fondamental zum Accès op Informatioun fir d'Biergerinnen a Bierger gestärkt gëtt. Si seet awer och, datt et wichteg ass, datt dee richtegen Equilibre zwëschent der Transparenz an dem Schutz vun der Privatsphär muss bestoen. Dëst ass e Punkt, dee fir eis Gréng och extreem wichteg ass.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Hansen** (*déi gréng*). - Et muss iwwert de rengen Gesetzestext eraus garantéiert ginn, datt adequat Prozeduren a Moyenen zur Verfügung stinn, fir d'Date korrekt opzebereeden a sécherzestellen, datt si zäitno an dateschutzkonform kënnen online gestallt ginn.

Här President, d'Weidernotzung vun Daten, déi haut hei Theema ass, steet natierlech an engem Zesummenhang mat der méi grondsätzlecher Fro vum Zougang op Informatiounen aus den ëffentlechen Verwaltungen. Och wann dat elo net de Sujet vun dësem Projet de loi ass, wëllt ech awer e puer Wuert zum Informatiounszougangsrecht fir Biergerinnen a Bierger soen, e Sujet, deen och 2007 an 2016 bei de Virleefer vun haitege Projet de loi fir Gespréichsstoff gesuergt hat.

déi gréng stelle fest, datt sech d'Situatioun säit deemools verbessert huet, well an deene leschte Joren endlech eng rechtlech Basis fir den Informatiounszougang geschaaft ginn ass, nodeems dat joren- a joerzéngtelaang net geschitt war. Allerdéngs kann een awer net leegnen, dass nach Verbesserungspotenzial besteet. Dat ass och u sech net erstaunlech, well sech déi gesellschaftlech Ufuerderungen u de Staat konstant weiterentwéckelen. Duerfir hunn déi gréng begréisst, datt de Premier am September annoncéiert huet, dass souwuel d'Gesetz wéi d'Circulaire, déi an deem Beräich wichteg sinn, sollen op de Leescht geholl ginn.

Ofschléissend wëllt ech dann och dem Rapporteur Guy Arendt e grouse Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. An domat ginn ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - An ech soen dem Här Marc Hansen villmools Merci a ginn d'Wuert weider un den nächsten ageschriwwene Riedner. An dat ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*). - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt e grouse Merci un de Rapporteur Guy Arendt, deen hei erëm, schonn déi zweet oder drëtt Kéier, zu Open Data an Open Access Rapporten ofginn huet, déi wéi gewinnt komplett waren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et wäert sech sécher kee wonneren, dass ech mech als Pirat natierlech ganz besonnesch freeën, wann e Projet, deen den Ausbau vum Prinzip vum Open Data verfollegt, um Ordre du jour steet. A gläichzäitig wäert et awer och kee wonneren, dass ech natierlech awer déi eng oder aner Saach ze bemängelen hunn, datt hei nämlech just e Kasesprong gemaach gëtt, wou eigentlech e méi wäit Émdenke gefuerdert wär.

De virleiende Projet fir d'Ëmsetzung vun der EU-Direktiv fir d'Reutilisatioun vun Donnéeën aus dem ëffentlechen Secteur ass sécherlech net verkéiert a wäert duerfir och haut eis Zoustëmmung kréien. Mee wa mer vun enger zukunftsorientierter Digitaliséierungspolitik schwätze wëllen, da brauch et net nëmmen Open Data, mee eng generell Kultur vun engem fairen Open Access.

Mir hunn haut d'Méiglechkeet, eis weltwäit mat anere Mënschen ze vernetzen a Wëssen auszetauschen, esou vill, wéi mer wëllen. An trotzdem kënnen mer gläichzäitig awer just op e Brochdeel vu mënschlechem Wëssen an der Kultur op einfachen an oppene Weeër zougräifen, well vereelt Virstellungen eis hei blockéieren.

Säit hirer Grënnung betounen d'Piraten et ëmmer nees: D'Valoriséierung vun der Aarbecht vun engem Auteur oder enger Autrice an de finanziellen Aus-

gläich vun der erbruechter Leeschtung müssen net noutwendegerweis u limitéiert Notzungslizenz gëbbonne sinn, esou wéi mer se haut meeschtens kennen.

De System vun de Creative Commons weist, datt en Auteur seng Rechte net muss verléieren, wann e wëllt, datt d'Gemeinschaft vu senger Wierker ka profitéieren. An et wier och méiglech, Peer-to-Peer-Sharingplattformen opzestellen, déi och d'Protektioun vun den Droit-d'auteurs géife respektéieren.

An de Wëssensschafte kéint och iwwert de fairen Open Access eng Qualitéitskontroll assuréiert ginn. A gläichzäitig kéint vill méi Leit vun de Resultater vun der Fuerschung profitéieren, wéi dat bis elo de Fall ass. A mir gesinn et jo grad an enger weltwäiter Pandemie: D'Leit liesen da just dat, wat verëffentlecht gëtt, wat souwisou fräi accessibel ass, dat ass den Titel, dat ass den Abstract vun engem wëssenschaftleche Pabeier. Mee de wëssenschaftleche Pabeier gëtt, wann dann iwwerhaupt, just verkierzt a Presserapporten erëmginn, well fir den eenzelne Paper ze liesen, muss een da ganz gären emol 30 oder 40 Euro op den Dësch leeën, fir eppes ze liesen, wat virdru mat ëffentlechen Gelder finanziert gouf.

Duerfir ass et och wierklech bedauerlech, datt Lëtzebuerg sech hei net traute, méi wäit ze goe wéi d'Direktiv. Well un der Basis schafe mer zwar hei elo d'Méiglechkeet, fir d'wëssenschaftlech Date fir eng Reutilisatioun fräizeginn, mee déi doraus entstoeend wëssenschaftlech Etüden a virun allem déi publizéiert Resultater aus deenen Etüden zum Beispill net.

Wa mer dobaussen ëmmer méi Leit héieren, déi un déi dubiéiste Komplottler gleewen an hir Meenung dobäi op sougenannten „eegen Recherche“ stëtzen, da läit dat och dorunner, datt schlecht Informatiounen nach ëmmer vill méi einfach zougänglech si wéi qualitativ héichwäerteger aus dem wëssenschaftlechen Betrib.

Gutt Informatiounen am Internet sinn heefeg, an ech sot et, hannert Paywalls vun Editoren vu wëssenschaftlechen Publikatiounen verstoppt. Hei brauch et e ganz dréngend Émdenken an hei géif ech mer méi Courage vun eiser Regierung wënschen, fir sech och deenen Daten an Dokumenter ze widmen, déi ënnert d'Propriété intellectuelle falen a vum virleienden Text jo net betraff sinn.

Wéi gesot, mir ënnerstëtzen deen heite Projet. Et ass wichteg, all klengen Schrëtt no vir ze maachen. Et ass wichteg, all weider Donnée ze liberéieren. Et ass wichteg, datt mer, an och dat hu mer an der Pandemie geléiert, wierklech kënnen op d'Donnée brute zougräifen, well d'Donnée brute erlaabt eis eeben grad ze verifizéieren, ob d'Papere richteg sinn oder op et „Junk Science“ ass. De Problem ass: Fir ze bestëmmen, ob eppes Junk Science ass, muss een och kënnen d'Science derhannert liesen, also d'Resultat vun der Etüd. Et geet net nëmmen duer, d'Donnéeën ze hunn, et brauch een och d'Interpretatioun dovunner.

An duerfir mengen ech, datt een hei vill méi wäit kéint goen. Duerfir mengen ech, datt mer souguer méi wäit misste goen an datt mer, an dat ass hei mäi ganz waarmen Appell, an Zukunft missten driwwer nodenken, datt all Fuerschung, déi mat Lëtzebuerger Steiergelder finanziert gëtt, muss ënner Open-Access-Lizenz publizéiert ginn, egal wou se publizéiert gëtt! Well dat geet, et muss ee just de Courage derfir hunn.

Dat gesot, ginn ech awer den Accord fir dee klengen Schrëtt no vir. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci, Här Clement. An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*). - Jo, ech maachen et e bësse méi kuerz. Merci fir d'Wuert. Merci och dem Rapporteur fir de Rapport. Ech kann och direkt soen, dass mer dat heite matdroen a matstëmmen, well et ass ganz kloer e Schrëtt a Richtung méi Transparenz.

Deen eenzege Kritikpunkt, dee mir gesinn, ass, wéi och schonn hei gesot gouf, dee vum Problem vun der Voie de recours, dee jo och vum Tribunal a vun der Cour administrative ervirgehuewe gouf, well d'Leit jo effektiv kënnen duerch eng komplizéiert a laangwiereg Prozedur ofgeschreckt ginn. An esou, wéi den Tribunal an d'Cour et och soen, bräicht een eigentlech méi eng schnell Voie de recours. An dofir, jo, Dir hutt den Avis jo och ernimmt, Här President, dohier, genau, mir begrëssen dat hei op jidde Fall a mir droen et och mat. Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci, Madamm Oberweis.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Medieminister Xavier Bettel.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Xavier Bettel**, *Ministre de la Digitalisation*. - Merci, Här President. Ech sinn an der Situatioun hei, dass ech mengen, dass ech bei mengen zwee Regierungskollegen méi beléift sinn, wann ech hei stoe bleiwen an och méi kuerz si wéi dat, wat virgesinn ass.

■ **Une voix.** - Ech mengen, net nëmme bei deenen.

■ **M. Xavier Bettel**, *Ministre de la Digitalisation*. - „Ech mengen, net nëmme bei deenen“, kréien ech och hei gesot.

Ech wëll fir d'Éischt awer dem Här Arendt Merci soen. Ech wëll och d'Madamm Mutsch zitéieren, déi elo just virdru geschwat huet vum Ueleg vum 21. Joerhonnert. Ech war d'lescht Woch zu Glasgow. Ech géif vun erneierbarer Energie schwätzen, well et keng Limitatioun gëtt, an et sinn d'Donnéeën, déi ëmmer nees an nees an nees kënnen gebraucht ginn, wat den Énnerscheid ass tëschent erneierbaren Energien an Ueleg. Voilà. Ech wollt domadder och ufänken.

#### (Interruption et hilarité)

Mee Dir hutt et esou zitéiert. Mee dat, wat een deemools zitéiert huet, kann een haut da relativéieren. An Dir gesitt, Glasgow hëlleft och, fir esou Saachen kënnen ze zitéieren.

Wéi gesot, wat wichteg fir mech ass, dat ass, Här President, dass mer eis bewosst sinn, dass, soubal mer Donnéeën hunn a benotzen, dat och net neutral ass. Dat heescht, dass de Mëssbrauch vun Donnéeën och eng Realitéit ass. Et ass och eng Gefor fir d'Demokratie an et ass och eng Gefor fir ons Gesellschaft. Duerfir ass et wichteg, e Kader ze hunn, deen dat dote limitéiert. An d'Digitaliséierung soll eng Opportunitéit sinn, et dierf net eng Gefor sinn. An et ass net géint de Mënsch, et ass fir de Mënsch. Et ass au service vun de Leit, woufir et ass.

Et ass wichteg, dass mer och de Leadership an Europa behalen, dee mer am Moment hunn. Mir ginn och reegelméisseg als Beispill geholl bei der Protektioun vun Donnéeën, och als Musterbeispill fir aner Kontinenter, déi dat am Ufank net esou enk gesinn hunn.

Ech wëll ervirhiewen, wat och scho gesot ginn ass: Dat hei ass fir oppen Dataen, déi et och gëtt, fir d'Realisatioun. Et ass net den Accès, deen hei ass, mee et ass d'Reutilisatioun vun Donnéeën, déi do sinn.

Just zur Informatioun: De Secteur public mécht dat och - well mer de Minister vun der Fonction publique an och de Minister vun der Aarbecht hei bei eis hunn -, dass bei der Formatioun och d'Theema Open Data bei der Grondausbildung vun de Beamten an de Karriären A a B vun de Fonctionnaires an der Administration gouvernementale ass. An den INAP bitt och nach eng Rei Formatiounen, fir eeben déi wichteg Prozesser ze begleeten.

A last but not least wollt ech eeben och just soen, dass mir den Dateportal hei zu Lëtzebuerg schonn hunn. Mir hunn zum Beispill den data.public.lu, wou eng 12.000 Fichieren och disponibel sinn.

A just zur Informatioun: Mir haten normalerweis 200 Visitten den Dag an der Moyenne virun der Kris; mir hunn am Moment 5.000 Visitten den Dag, wou eeben déi Daten och kënnen consultéiert ginn. A mir hate souguer och e Pick vun 13.000 Visitten hei.

Fir mech also, wéi gesot, nach eng Kéier: Här Arendt, merci. De richtige Kader ass hei gesat ginn. An ech soen ...

A, d'Madamm Adehm hat och nach zwou Froen gestallt, ech wëll och de Madamm äntweren. D'Gesprécher mam Commissariat sinn och permanent. Bis elo sinn och keng Problemer hei identifizéiert ginn.

An iwwert d'Souveränitéit: Et ass egal, aus wéi engem Land; et kënn een op d'Donnéeën, nonobstant le pays d'origine. Dat, wat awer ass: Sensibel Donnéeën sollen net accessibel sinn. Dat soll och d'Donnée bleiwen. Et soll och anonymiséiert sinn an och bleiwen. Ech mengen, dass dat och wichteg ass.

An ech soe Merci, well et schéngt jo eng grouss Zoustëmmung hei ze sinn. Ech wënschen lech dann e schéinen Owend, well et schéngt ze sinn, wéi wann et nach net hei fäerdeg wär, wann ech bis hei ginn.

#### (Hilarité)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools dem Här Premier- a Medieminister Xavier Bettel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7643. Den Text steet am Document parlementaire 7643<sup>10</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7643 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Jean-Marie*

*Halsdorf), Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Aly Kaes (par M. Marc Lies), Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz, Serge Wilmes et Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert);*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Georges Engel), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 8. 7772 - Projet de loi portant modification des articles L. 651-2 et L. 651-4 du Code du travail

Deen nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7772 iwwert d'Kompositioun an de Fonctionnement vum Comité permanent du travail et de l'emploi. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An d'Wuert kritt elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Georges Engel.

#### Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*), *rapporteur*. - Voilà! Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum maträissende Projet ...

#### (Hilarité)

... vun der Kompositioun vum Comité permanent du travail et de l'emploi, dem CPTÉ. Et geet hei ëm d'Zesummesetzung vun dësem Comité, deen duerch dëse Gesetzesprojet méi flexibel soll gestalt ginn. D'Regierung kann decidéieren, dass aner Ministeren derbäikommen, jee no Sujet vun der Tagesordnung. An zweetens gëtt och preziséiert, dass den Ordre du jour vun de jeeweilege Comitéssitzungen vum Aarbechtsminister fixéiert gëtt.

Den Depot war de 24. Februar vun dësem Joer.

Et si véier Avisen erakomm.

Deen éischte war dee vum Staatsrot, deen niewent enger Rei vun allgemenge legisteschen Observatiounen och eng Opposition formelle formuléiert huet. Am initiale Gesetzesprojet stoung, datt d'Minister « sont à désigner par le Conseil de gouvernement ». De Staatsrot huet berechteterweis drop opmierksam gemaach, dass am Artikel 76 Ali-ne 1 vun der Verfassung steet, datt de Grand-Duc deen ass, deen d'Organisatioun vun der Regierung ze reegelen huet. D'Chamberskommissioun huet deem natierlech dunn och Rechnung gedroen.

D'Chambre des Salariés gradesou wéi d'Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics hunn dann och e positiven Avis heizou ginn.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn e weénege favorabelen Avis zu där Ännerung hei ginn, well si soen, dass et net soll exklusiv den Aarbechtsminister sinn, deen d'Regierung am CPTÉ soll verrieden. Béid Kummere verweisen op d'Wichtigkeet, dass och de Wirtschafts- an de Mëtzelstandsminister ëmmer sollten derbäi sinn. A si fuerderen dann och, dass virun all Sëtzung d'Delegatioun vun der Regierung sollt bekannt gemaach ginn. Gradesou soll 15 Deeg virdrun dem nächste Komitee den Ordre du jour matgedeelt ginn.

D'Chamberskommissioun huet festgehalen, dass den Aarbechtsminister bestëmmend ass an d'Komiteessëtzung deementspreechend och presidéiert. An e ka sech dann och dobäi, wéi dat och elo virdru gesot ginn ass, vun anere Ministerkollegen begleet loossen.

De Rapport gouf à l'unanimité den 28. Oktober ugehall.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren, Merci fir déi gutt Aarbecht an der Kommissioun, an ech ginn heimatder den Accord vun der LSAP.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!





■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Ech soen dem Här Rapporteur Georges Engel villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Marc Spautz.

#### Discussion générale

■ **M. Marc Spautz (CSV)**.- Merci, Här President. Och merci dem Här Engel fir säin ausféierleche Bericht iwwert de CPTÉ. Et muss ee wëssen: Dat heiten ass déi drëtt grouss Ännerung. 1996 war de Règlement grand-ducal, wéi den CPTÉ geschaaft ginn ass, op Basis vum Tripartitesgesetz. An 2007 ass eréischt d'Gesetz entstanden, fir de CPTÉ och gesetzlech festzehalen, well virdrun ass ëmmer nëmmen iwwer Règlement grand-ducal gefuer ginn, sou dass dat wierklech elo déi drëtt gréisser Ännerung an déi drëtt gréisser Etapp am CPTÉ ass; de CPTÉ, deen e ganz wichtege Rôle spilt am Sozialdialog, am Dialog zwëschent de Patronen an de Gewerkschaften, awer och ëmmer ënnert der Regierung. An et war vun Ufank un ëmmer ënnert der Responsabilitéit vum Aarbechtsminister, wou et gelaf ass. Et waren ëmmer aner Kompositiounen.

Ech hat Chance, eng Kéier op där enger Säit do ze setzen an eng Kéier op där zweeter Säit. Op déi drëtt Säit - bei d'Patronen - hat ech et ni gepackt!

#### (Hilarité)

Dofir, et muss een och soen, dass och ëmmer grouss Diskussiounen do waren. Et waren heiansdo haart Diskussiounen. Mee et war ëmmer wichtig, dass dee Gremium bestanen huet. An ech sinn och elo zouversichtlech, dass et mat dësen Ännerungen och wäert am positive Sënn weidergoen, an dat am Interêt vum Lëtzeburger Sozialdialog.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Spautz. D'Wuert geet eriwwer bei d'Madamm Hartmann.

■ **Mme Carole Hartmann (DP)**.- Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir seng zwee ganz komplett Rapporten. Ech mengen, hei ass et wichtig, dass eng gewësse Flexibilitéit geschaaft gëtt, virun allem wa Sujeten am CPTÉ diskutéiert ginn, wou och méi Ministère mat dru schaffen. Dann hu mer hei elo mat dësem Gesetz méi Flexibilitéit, dass den Aarbechtsminister sech och kann entouréieren, fir dass och all Ressort mat an den Diskussiounen derbäi ass.

D'DP-Fraktioun gëtt den Accord zu dësem Projet de loi.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Hartmann. D'Wuert geet weider un den Här Carlo Back.

■ **M. Carlo Back (*déi gréng*)**.- Merci, Här President. Merci un de Georges Engel fir säi Rapport, deen, mengen ech, ganz détailléiert war. Dat heite Gesetz dréit effektiv jo zu enger gréisserer Flexibilitéit bäi eebe vun deem, mengen ech, awer wichtege Projet, dee mer hei hunn hei an der Gesellschaft: Dat ass eng gutt Gestiou vum Emploi. An dofir gi mir och als Gréng eis Zoustëmmung fir de Projet.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Back. Da wier et un der Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.- Okay. Also, ech schlësse mech menge Virriedner a -riednerinnen un. Mir begrëssen och déi Flexibilitéit, well dat mécht d'Saach einfach vill méi einfach. Déi Leit, déi mussen do si laut dem Ordre du jour, dat mécht Sënn. De Prozess gëtt dofir net méi blockéiert. Dat

ass eng gutt Saach. An dofir schlësse mir eis un a stëmmen derfir.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Cecchetti. Da wier et um Här Jeff Engelen.

■ **M. Jeff Engelen (ADR)**.- Merci, Här President. Ech wëll dem Här Georges Engel en häerzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, et ass alles gesot. Ech bréngen den Accord vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Engelen. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Jo, merci, Här President. Als Éischt e Merci un de Rapporteur fir säi succinctë mëndlechen, awer ganz ausféierlechen a gudde schrëftleche Rapport. Ech mengen, datt dat, wat am Projet steet, erkläert gouf, och wou et hierkënn, de CPTÉ.

Deen eenzege Bemoll, dee jo och nach vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers opgeworf gouf, ass, datt nieft dem Aarbechtsministère och de Wirtschafts- a Mëttelstandsministère sollt représentéiert sinn, wat awer vun aneren Acteuren net zrëckbehale gouf. Deementspriedend kënne mir och eisen Accord ginn.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier an Aarbechtsminister Dan Kersch.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire***.- Merci, Här President. Ech mengen, ech kann et och kuerz maachen. Merci fir deen exzellente Rapport an och déi Beiträg, déi elo komm sinn, déi am Fong alles soen.

Den CPTÉ gëtt méi flexibel an dat ass dat, wat mer alleguerte wollten. Dofir merci fir d'Unanimitéit, déi sech hei ofzeechent.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Här Aarbechtsminister.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7772. Den Text steet am Document parlementaire 7772<sup>5</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7772 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmmen ugehol.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Félix Eischen), Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Diane Adehm), MM. Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Marc Spautz), Marc Spautz, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Gilles Roth);*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole*

*Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par Mme Cécile Hemmen), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par Mme Lydia Mutsch), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 9. 7858 - Projet de loi portant :

**1° dérogation temporaire à l'article L. 511-5 du Code du travail ;**

**2° modification du Code du travail**

Mir kommen elo zum Projet de loi 7858, enger Ofännerung vum Aarbechtsrecht. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht.

An och hei ass de Rapporteur den honorabelen Här Georges Engel.

#### Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

■ **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur**.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Dir kommt fir d'zweet dann an de Genoss vun engem faszinéierende Rapport, ...

#### (Interruptions)

... nämlech deem vum Projet de loi 7858. Do geet et haaptsächlech ëm den Artikel 511-5 aus dem Code du travail an och liicht Modifikatioune vum 511-5, 511-10 a 513-3. D'Derogatioun ass duerch d'Pandemie natierlech néideg, mee si gëtt elo verlängert, an esou gëtt se och elo retroaktiv op den 1.1. an nach bis den 31.12. vun dësem Joer ugewannt.

Ëm wat geet et hei? Déi ganz Pandemie iwwer hu mer probéiert, d'Betriber duerch d'Kris ze kréien an eeben elo och aus der Kris ze bréngen. Dës Kris huet bei ville Betriber zu méi séiere Restrukturationsprozesser gefouert, déi ganz dacks awer och Auswierkungen op d'Beschäftegung hunn.

An deem Sënn ass et néideg, fir dëst Joer d'Unzuel vun den Aarbechtsstonnen, déi ënnert dem Regimm vum Chômage partiel am Kader vun engem Plan de maintien dans l'emploi kënne lafen, unzepassen, an dat vun 1.022 op 1.714 Stonnen eropzehiewen. Ze preziséieren ass, dass et hei ëm de Chômage partiel vu struktureller Natur geet. Dës Reegelung - déi 1.714 Stonnen - soll dann och definitiv elo fir fundamental Restrukturatiounen am Code du travail festgehale ginn, dat awer ëmmer nëmme begleet duerch e Plan de maintien dans l'emploi, deen engem sektoriellen Tripartiteaccord entsprange muss. Dat kléngt elo technesch an ass och kontrovers diskutéiert ginn.

Eng weider definitiv Ännerung am Code du travail betrëfft de Preavis, deen de Salaré muss kréien, wat en eventuelle Chômage partiel ugeet, grad ewéi d'Situatioun vu Salaréien, déi während engem solche Chômage demissionéieren.

Schlussendlech gëtt et den Artikel 513-3 vum Code du travail, deen nach eng Kéier ofgeännert gëtt. Et ginn nach eng Rei Dispositiounen festgeluecht, déi obligatoresch an engem Plan de maintien dans l'emploi musse sinn, fir dass dësen homologéiert ka ginn.

Den 09.07.2021 ass dee Projet hei deponéiert ginn. De Staatsrot huet keng Observatiounen a sengem Avis gehat an och keng Opposition formelle. D'Salariatskummer huet de Projet och positiv aviséiert. An engem gemeinsamen Avis awer vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers vum 30. September vun dësem Joer, weise béid Kummere sech kritesch, wat dëse Gesetzesprojet ugeet.

An dësen Avis ass dann och méi laang an - ech hunn ech virdu gesot - méi kontrovers an eiser Aarbechtskommissioun vum 28. Oktober diskutéiert ginn. Esou verweise si beispillsweis op Onprezisiounen, wat d'Obligatioun vum Plan de maintien dans l'emploi a puncto Kuerzaarbecht ugeet. Se wiere sech dann och dergéint, datt verschidden Dispositiounen, déi am Kader vun der Kris getraff ginn, och elo no der Kris weider hir Gültgkeet behalen. Et geet hei notament drëm, datt d'Maximalzuel vun 1.022 Stonnen och weiderhi kann iwwerschrott ginn, wéi ech elo virdrun och gesot hunn. Deenen zwee Acteuren do no, dierft dëst nämlech just a Krisenzäiten de Fall sinn.

Weider net averstane si béid Kummeren, wat d'Exigencen ugeet a puncto vum Plan de maintien dans l'emploi. Hei géif dat elo weider zäitlech a finanziell Contrainté mat sech bréngen. An dat ass hiner Mee-nung no net richtig.

Den Aarbechtsminister huet an där Aarbechtskommissioun vum 28. Oktober vill weider Erklärungen an Informatiounen zu dësem Avis ginn an och ënnerstrach, dass keng zousätzlech Obligatiounen an dësem Gesetzesprojet virgesi sinn, mee dass u sech eng Dispositioun do wär, fir d'Prozedur ze beschleunegen.

D'Zuele vun de Plans de maintien dans l'emploi sinn nämlech an der leschter Zäit explodéiert. Viru Covid si se déi Informatiounen an de Betrib free gaangen, sur place. Haut ass dat net méi méiglech bei där Unzuel vun Demanden, soudass déi Informatiounen elo mussen am Kader vun der Demande direkt mat eragi ginn.

Kloer ass et och, dass den Accord zu dräi essenziell ass, well e grouse Coût supplémentaire fir de Fonds pour l'emploi hei entsteet.

D'Aarbechtskommissioun huet den 28. majoritär hiren Accord zum Rapport ginn. An ech ginn och heimmader den Accord vun der LSAP a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools dem Här Rapporteur Georges Engel.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Marc Spautz (CSV)**.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dem Georges Engel e grouse Merci fir säi mëndlechen an och schrëft-

## Le saviez-vous ?

### COMPTE RENDU

Le compte rendu est une publication de la Chambre des Députés qui reproduit dans leur intégralité toutes les interventions faites lors des séances plénières de la Chambre des Députés. Il contient par ailleurs un résumé des textes législatifs adoptés, les questions posées aux membres du Gouvernement et les réponses reçues ainsi qu'un aperçu général des activités de la Chambre des Députés. Le compte rendu est distribué gratuitement en tant que supplément des trois principaux quotidiens à tous les ménages. Il peut être consulté en ligne sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Séances publiques - Comptes rendus des séances.

### GROUPE POLITIQUE

Un groupe politique est une formation interne de la Chambre des Députés réunissant des membres de celle-ci d'après leurs affinités politiques. Pour être reconnu, un groupe politique doit comprendre au moins cinq membres. Chaque groupe politique désigne un président qui le représentera au sein de la Conférence des Présidents et se voit mettre à sa disposition des locaux et des crédits calculés sur base de sa représentation proportionnelle à la Chambre.

### BUREAU DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Le Bureau, élu par la Chambre, se compose du Président, de trois Vice-Présidents et de neuf membres au plus. La Chambre élit également des membres suppléants permanents, dont le nombre maximal est fixé à neuf. Le Secrétaire général fait partie du Bureau sans toutefois pouvoir participer aux votes. Le Bureau représente la Chambre sur le plan national et international et règle les questions financières et d'organisation concernant les députés, le Parlement et ses organes. Par ailleurs, il s'occupe de la gestion des affaires de la Chambre et prend les décisions relatives au personnel de l'administration parlementaire.

### COMMISSIONS PARLEMENTAIRES

Pour faciliter, rationaliser et préparer les travaux parlementaires en séance publique, la Chambre forme des commissions permanentes et, en cas de besoin, spéciales. Les commissions sont chargées d'examiner les projets et propositions de loi ainsi que les amendements et motions que le Président leur renvoie. Elles ont également pour mission de préparer des débats ainsi que d'organiser des auditions et des visites.





leche Rapport an och déi Explikatiounen, déi en elo zu dësem Projet de loi ginn huet.

De Chômage partiel war eng vun de Saachen, déi eis vill gehollef hunn déi lescht Méint an der Covid-situatioun, déi mer haten, déi et fäerdegbruecht hunn, dass Aarbechtsplaze konnten erhalte ginn an dass Aarbechtsplaze konnten ofgesécher ginn. Mir hunn Diskussiounen gefouert an deene verschiddene Packagen, déi gemaach gi sinn, ob dat déi waren, wou mer d'Diskussioun hate mam Aarbechtsminister selwer, oder och an deenen Diskussiounen, déi mer hate mam Minister vun de Classes moyennes iwwert déi Aiden, déi komm si fir Betriber. Do waren och déi Aidé vum Chômage partiel ee vun deene gréisste Voleten, déi derbäi waren. An dass mer esou gutt derduerch komm sinn, huet sécherlech och mam Chômage partiel ze dinn.

De Georges Engel huet et gesot: Dat eent ass e Projet, deen dauert vum 1. Januar 2021 bis den 31. Dezember 2021, wat mer dann och hei extra soulignéieren. Dat ass den Artikel 1 vun dësem Projet de loi, wou et, mengen ech, weider näischt ze soe gëtt. Mee de Problem an d'Diskussioun, déi gefouert ginn ass, ass, dass den Definitivum soll méiglech sinn an Zukunft, fir méi Stonne wéi d'Hallschent vun enger Joeresaarbechtszäit, déi et bis elo war ..., fir déi och kënne méi héich ze fueren.

Ech ka mech erënneren, als fréiere Member vum Comité de conjuncture, dass et soss üblech war - mee do waren, muss ech awer och soen, net esou vill Demanden do, wéi dat de Moment ass -, dass dann d'Sekretariat vum Comité de conjuncture sur place kucke gaangen ass an déi Betriber, wat do lass ass, mat de Leit geschwat huet, souwuel vu Patronatssäit wéi vu Salaratssäit, well dat och ëmmer ganz wichteg war, dass een déi Analys gemaach huet. Well och do ware schonn an der Zäit Betriber, déi och méi laang Chômage partiel kritt hunn, wéi et am Fong vum Gesetz virgesi war.

Ech ka mech do erënneren un e gréissere Betrib, dee Plättercher hiergestallt huet am Oste vum Land, vun deem an Zwëschenzäit kee Mënsch méi schwätzt, wou mer allkéiers zesummen - d'Regierung, d'Gewerkschaften an d'Patronen - deenen ëmmer nach Chômage partiel ginn hunn, well ëmmer gehofft ginn ass, dass hir Plättercher an dat, wat se géifen hierstellen, awer nach eng Kéier géif um Maart gebraucht ginn - wat awer herno leider net de Fall war.

Mee och op déi Aart a Weis war et méiglech, Aarbechtsplazen ofzebauen, ouni dass et zu blankem Chômage komm ass. An ech kéint elo nach x aner Beispiller ginn, mee dat géif eis an dësem Punkt net weiderbréngen.

Eng vun de Kriticken, déi gemaach ginn ass vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, de Georges Engel huet eng dovun ënnerstrach Dat anert ass déi, dass net wéi beim Comité permanent du travail et de l'emploi, dee mer virdrun e bësse geännert hunn, driwwer geschwat gi wier an dass déi doten Diskussioun do ni stattfonnt huet.

Dat ass eng vun hire Kriticken. Fir mech war et ëmmer üblech, wann iwwer Chômage partiel geschwat ginn ass, dass dat am Comité de conjuncture geschitt ass. Well de Comité de conjuncture nämlech dee Gremium ass, deen decidéiert an dee festhält, wat am Chômage geschitt. An de Comité de conjuncture - Här Minister, huet mer et net iwwel -, dee steet fir d'alleréischt ënnert der Ekonomie an dann ënnert dem Travail, wou dann och ëmmer do gemeinsam déi Diskussiounen gefouert ginn a wou och déi gemeinsam Sitzunge stattfannen, wou souwuel de Wirtschaftsminister wéi och den Aarbechtsminister present sinn, fir dann ze kucken: Wie kritt Chômage partiel accordéiert a wie kritt en net accordéiert?, dass dat och och ëmmer suivéiert ginn ass.

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- De Finanzminister, deen hutt Der vergiess.

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Och de Finanzminister.

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Et sinn déi dräi Ministeren. Et ass am Fong eng Copresidence.

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Et ass deen, deen d'Flësegkeeten huet, jo.

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- An der Praxis ass dat e bëssem aneschtens, ...

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Jo.

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- ... mee am Règlement grand-ducal steet et esou.

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Am Règlement steet et esou, jo. Ech muss lech soen: Déi Zäit, wéi ech do souz, war de Finanzminister an den Aarbechtsminister dee selwechten.

(Hilarité)

Dofir war dat anescht.

(Interruptions)

Mee ech wëll awer och do ënnersträichen, dass ee verschidde Bedenken - de Georges Engel ass schonn drop agaangen an de Minister hat se och an der Kommissioun genannt - ka verstoen, déi do ubruecht ginn. An dofir wollt ech och soen, dass mir als CSV de Projet wäerte matdroen, mee dass mer awer eng Motioun eraginn, déi och vun de Kolléegen vun der LSAP, der DP, deene Gréngen a vun de Piraten mat ënnerschriften ginn ass, wou mer der Meenung sinn, dass een no 18 Méint soll eng Kéier e Bilan zéien, wann ee gesäit, dass dann déi Befierchtungen sollte wouer sinn. Da kann een et änneren. A wann näischt geschitt ass mat deene Befierchtungen, déi do vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce virbruecht gi sinn, dass een dann net méi brauch dervun ze schwätzen.

Ech wëll och betounen: D'Chambre des Salariés huet kee Problem mat deem Projet, deen et ass. An och vun der Chambre des Fonctionnaires a vum Staatsrot huet keen dee Problem opbruecht. En ass

just ënnerstrach gi vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce. An et soll een och do deenen awer weisen, dass net alles op daf Ouere gestouss ass an dass mer soen: Mir kucken no 18 Méint eng Kéier a maachen e Bilan do derzou.

An dofir, Här President, hei ass d'Motioun.

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

*- vu le projet de loi n° 7858 ayant pour objet de modifier certaines dispositions légales en rapport avec le chômage partiel de source structurelle ;*

*- vu l'avis commun de la Chambre des Métiers et la Chambre de Commerce et les réserves y exprimées e. a. quant à la pérennisation de mesures temporaires de maintien dans l'emploi décidées dans le cadre de la crise du Covid-19 ;*

*- vu également le communiqué de l'Union des entreprises luxembourgeoises (UEL) du 8 novembre 2021 intitulé « Chômage partiel et plans de maintien dans l'emploi : une réforme néfaste »,*

*invite le Gouvernement*

*- à procéder à une évaluation du dispositif légal dans les 18 mois de l'entrée en vigueur du texte de loi sous revue ;*

*- à revaloriser le dialogue social à tous les niveaux, y compris dans le cadre du CPTe.*

(s.) Marc Spautz, Carlo Back, Sven Clement, Georges Engel, Carole Hartmann.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Spautz.

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- An dat gesot, Kolléeginnen a Kolléegen, villmools merci fir d'Nolauschteren, an ech ginn d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Spautz. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Carole Hartmann (DP).**- Merci, Här President. Kolléeginnen a Kolléegen, fir eis alleguerte war d'Pandemie eng grouss Erausforderung - natierlech och fir d'Entreprises an hir Salariéen. D'Regierung huet awer am Verlaf vun deene leschten 20 Méint hiert Méiglechst gemaach, fir de Betriber ze hëllefen, dës schwéier Zäit ze iwwerstoan an Aarbechtsplazen ze retten. Fir ze evitéieren, dass Aarbechter hir Plaz verléieren, gouf an der Kris op de Chômage partiel zrëckgegraff - een zentralen Outil, deen ëmmer nees d'Leit an der Aarbecht gehalen huet.

D'Regierung wëllt d'Betriber och weiderhin op hirem Wee eraus aus der Kris begleeden a wëllt dowéinst mat dësem Projet de loi Upassunge beim Chômage partiel structurel virhuelen. Temporaire hëllefe mer deene Betriber, déi am schlëmmste vun der Kris be-traff waren an aktuell och nach ëmmer sinn. Wéi an der Kommissioun preziséiert gouf, hunn all déi Concernéiert aktuell schonn e Plan de maintien

dans l'emploi ofgeschloss, soudass et fir déi Entreprises hei net eng zousätzlech Laascht ass, déi hei iwwert d'Gesetz agefouert gëtt.

Déi permanent Ännerungen, dat hu mer elo schonn héieren, vun dem Code du travail, suergen do dergéint fir méi Diskussiounen. De Rapporteur ass op d'Diskussiounen agaangen, déi mer an der Kommissioun haten. An ech soen em op dësem Niveau och Merci fir seng zwee Rapporten.

Notamment d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn an hirem gemeinsamen Avis eng Rei Bedenke geäussert, zum engen de Fait, dass déi maximal 1.714 Stonne pro Salarié hei perenniséiert ginn, awer och, dass dofir de Plan de maintien dans l'emploi elo ëmmer muss presentéiert ginn.

Dëse Plan de maintien dans l'emploi muss neierdénks am Accord mat de Sozialpartner ausgeschafft ginn a muss och nach weider zousätzlech Exigencen erfüllen, déi och mat dësem Projet de loi agefouert ginn.


D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn zum enge kritiséiert, dass dës Reform vum Chômage partiel structurel net am CPTe ugeschwat gouf - et ass elo scho gesot ginn. De CPTe ass awer - an dat ass virdrun och beim Projet de loi gesot ginn - dat zentraalt Organ, an deem d'Patronat, d'Gewerkschaften an d'Regierung mateneen iwwer Sujeten diskutéieren sollen. Et ass dowéinst effektiv schued, dass de bewäerte Lëtzebuerger Modell an dësem Fall hei net zum Asaz komm ass.

Déi zwou Chamberen ginn awer och ze bedenken, datt et zu engem Desequilibrium an de Muechtverhältnissen tëschent de Sozialpartner kéint kommen, well d'Gewerkschaften an Zukunft all Demande fir de Chômage partiel structurel blockéieren kéinten, wa si de Plan de maintien dans l'emploi net approuvéieren. Déi nei Exigencen, déi fir de Plan de maintien dans l'emploi festgeluecht ginn, si béide Chamberen no och net realistesch ëmsetzbar. Villméi besteet hirer Meenung no de Risk, dass d'Betriber weidere finanziellen an zäitleche Belaaschtungen ausgesat sinn, an dat obwuel de Plan de maintien dans l'emploi de Betriber an hire Salariéer jo hëllefe soll, schwéier Perioden ze iwwerstoan.

Sollt sech erausstellen, wéi vun deenen zwou Chamberen gefaart, dass dës Neierunge vum Code du travail net zu enger Verbesserung bäidroen, mee de Betriber et onnéideg schwéiermaachen, jo souguer Plan-socialen oder Licenciementer kéinte provozéieren - wat natierlech weeder am Interêt vun de Betriber nach vun de Salariéer wär -, da musse mir och bereet sinn, eventuell hei nozebesseren.

Fir d'Demokratesch Partei ass et dowéinst ganz wichteg, dass mir den Impakt vun dësen neien Dispositionen ganz genau am A behalen an och analyséieren an e Bilan vun deem neie Gesetz zéien, soudass mir an deem Sënn och dem Marc Spautz seng Motioun ënnerstëtzen.

Ënner Berécksiichtegung vun dësen Iwwerleeunge ginn ech den Accord vu menger Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.



CHAMBRE  
DES DÉPUTÉS

d'Chamber live op  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**

■ L'actualité parlementaire sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)

■ Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les pétitions, les émissions « Chamber aktuell » et les vidéos des séances publiques sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).

■ La Chambre et les jeunes : si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu), avec quiz, information et vidéo.

■ L'actualité parlementaire vous intéresse ? Consultez le site de la Chambre [www.chd.lu](http://www.chd.lu).

■ Comment est créée la loi ? Toutes les explications en texte et en images sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).

■ De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui : retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages « organisation et fonctionnement » de la Chambre des Députés.





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

#### Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Saisie de texte :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

#### Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

#### Concept et coordination générale :

brain&more, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries :

Mediahuis Luxembourg SA  
60, rue des Bruyères  
L-1274 Howald

Editpress SA

Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll  
L-4361 Esch-sur-Alzette

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.***- Merci villmools, Madamm Carole Hartmann. An da wier et um honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Carlo Back (*déi gréng*).**- Jo, merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, et ass elo scho gesot ginn: De Chômage partiel ass e ganz wichtegen Dispositif, fir den Emploi hei zu Lëtzebuerg a Krisenzäiten ze schützen. Mir sécheren domat net nëmmen Aarbechtsplazen, mir ënnerstëtzen och déi Entreprises, déi grad eng schwiereg Phas duerchlafen.

Während der Pandemie gouf dësen éischter diskreeten Dispositif enger méi grousser Effentlechkeet zum Begrëff. Mam Gesetz vun haut féiere mir eng Rei Verännerungen an, déi och iwwert dës Kris eraus sollte Bestand hunn. De Rapport, deem ech hei villmools Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, ass schonn am Detail op déi verschidden Elementer agaangen.

Ech wëll awer e puer Wieder iwwert déi méi substanzuell Ännerung verléieren, déi dëst Gesetz aféiert. An Zukunft wäert et nämlech méiglech sinn, ënner verschiddene Bedéngungen, net 1.022, mee bis zu 1.714 Stonne Chômage partiel am Joer pro voll Tâche ze bezéien.

Dës Reegelung war no der Finanzkris vun 2009 schonn eng Kéier a Kraaft. An enger Analys vum deemolegen CEPS/INSTEAD - dat ass haut de LISER - vun 2011 huet de Fuerscher Jacques Brosius gesot, de Chômage partiel wier eng vun de Mesuren, déi dozou bäigedroen hunn, den Effet vun der Kris op den Emploi ofzeschwächen. Am Rapport vum Ministère déizäit steet, datt 2009 knapp 56 Milliounen Euro fir de Chômage partiel ausgi goufen. Do ass awer leider keng genau Opschlësselung, wéi vill Leit dat wären an aus wat fir engem Secteur déi kommen.

D'Patronat, dat ass och elo scho gesot ginn, huet an deene leschten Deeg nach eng Kéier effentlech hir Kritik ënnerstrach, dass d'Bedingungen, fir vun dësen 1.714 Stonne Chômage partiel ze profitéieren, ze streng wieren. Virun allem kritiséiert d'Patronat, dass et heifir e sektoriellen Accord bräicht, woumat d'Gewerkschaften ze vill Matsproocherecht kréichen.

Et ass natierlech och verständlech, dass dësen Outil vum Chômage partiel an dësem konkrete Fall, wou méi wéi 1.022 Stonne pro Salarié gefrot ginn, manner flexibel gött. Anerersäits geet et hei ëm d'substanzuell effentlech Gelder an, et ass och net ze vergiessen, ëm substanzuell Lounabousse fir d'Salariéen. Et ass also net onbedéngt vu Muttwëll, hei nach zousätzlech Bedingungen ze stellen.

Mir sollten awer d'Ëmsetzung, an dat ass hei och gesot ginn, vun dësem Gesetz an der Praxis am A halen an eventuell bereet sinn nozebesseren, falls et hei zu gréissere Problemer géif kommen. Et wär doniewent dann awer och ganz gutt, wann den Dispositif vum Chômage partiel eng Kéier enger méi ëmfaassender wëssenschaftlecher Evaluatioun ënnerzu géif ginn. Iwwert de Comité de conjoncture gött et natierlech e reegelméissege Suivi vum Chômage partiel, mee grad fir de verstärkten Asaz vum Dispositif während der Pandemie géif sech eng Analys mat méi Recul duerchaus ubidden. Dofir begréisste mir och déi Motioun, déi vum Här Spautz preparéiert gouf, wou jo eng Rei Parteie mat ënnerschreiw. Mir ënnerstëtzen natierlech dee Projet.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Opmierksamkeet a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, *Président.***- Merci, Här Carlo Back. An de Mikro ass elo fräi fir den Här Jeff Engelen.

■ **M. Jeff Engelen (*ADR*).**- Merci, Här President. Ech wëll dem Här Georges Engel en hærzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, et ass alles gesot. Da ginn ech den Accord vun der ADR zu dësem Gesetz. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président.***- Merci, Här Engelen. Ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*).**- Jo, merci. Ech schlësse mech dem Här Engelen un, et ass alles heizou gesot. Dat Wichtegst, wat ass, dat ass: Den Accord zu dräi ass nach ëmmer gewährleistet. De Plan de maintien dans l'emploi gött et scho laang. Dat ass alles tiptopp. An dofir gi mir, wéi gesot, den Accord vun eiser Partei.

■ **M. Fernand Etgen, *Président.***- Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als éischt nach eng Kéier - fir d'zweet dann haut den Owend - e grouse Merci un de Rapporteur Georges Engel fir den ausféierleche Rapport zu dësem Dossier.

Ech ginn der Madamm Cecchetti net ganz Recht, datt alles gesot ass, well ech mengen, soss hätt ech et net fir néideg fonnt, nach eng Kéier eropzekommen.

#### (Interruptions diverses)

■ **M. Fernand Etgen, *Président.***- Här Clement, loosst lech net stéieren. Fuert weider!

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Jo, et ass ëmmer einfach, wann een aus Bequeemlechkeet anere wëllt soen, si sollen net méi schwätze kommen.

#### (Interruptions)

Nee, dat war elo dee rietse Bord hei, deen dat gesot huet. Dofir hunn ech dat misse kommentéieren.

#### (Interruption)

Ech loosse mech net stéieren. Maacht lech keng Suergen, Här Baum.

Ech fannen et gutt, datt mer dee Projet hei maachen. Ech fannen et gutt, datt mer de Chômage partiel perenniséieren an ech fannen et gutt, datt mer retroaktiv déi Méiglechkeet schafen, ouni zousätzlech Hürden opzebauen.

An trotzdem fannen ech et speziell, haut e Gesetz ze stëmmen, wat, zumindest fir den éischten Artikel, nach eng Lafzäit huet, wann da bis d'Dispens vum zweete Vott do ass, vu sechs Wochen, wann et héichkënn. Also dann huet de Staatsrot séier geschafft. Well den éischten Artikel, pour rappel, géillt bis den 31.12. dëst Joer, awer retroaktiv ab dem 1. Januar - wat dann awer speziell ass. An dat sollt een, mengen ech, och nach eng Kéier erwänen, datt mer och an Zukunft, wa mer esou Saache maachen, vläicht op méi Planungssécherheet sollte setzen. Ech weess, datt an der Pandemie net ëmmer alles méiglech ass ...

■ **M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.***- Här Clement, hutt Der matkritt am Rapport vum Här Engel, dass de Projet am Februar deponéiert ginn ass?

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Jo, dat krut ech mat.

■ **M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.***- Très bien!

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Nichtsdestotrotz huet et awer eng Zäitche gedauert, bis mer en dann heihinnerbruecht hunn. Ech hunn net gesot, wie schold dorunner ass. Ech hu just gesot: Et huet eng Zäitche gedauert. Här Kersch, wann ech lech wéilt d'Schold ginn, dann hätt ech dat genau esou gesot. Ech hunn dat net gemaach.

#### (Interruption par M. Dan Kersch)

Ech mengen, d'Fro war nämlech hei: D'Betriber hu sech jo säit Februar op eng Erhéijung vun deene Stonne verlooss an et war wichteg, datt mer dat elo géife maachen. Et wier awer och fir d'Chamber gutt, Här President, wa mer an Zukunft kéinte kucken, datt mer esou Saachen, déi Retroaktivitéiten hunn, net érischt kuerz viru Schluss géife stëmmen!

Well dëst Gesetz awer nëmmen e puer weéneg Betriber betrëfft, ass dat net ganz esou dramatesch an deem heite Fall, well - ech mengen, mir hunn et virdu gesot - déi meescht, oder alleguerte souguer laut dem Rapport, hunn e Plan de maintien dans l'emploi. Deementspriedchen kann ech hei och den Accord ginn, obwuel mer schonn 90 % vun der Durée de vie vum Artikel 1 hannert eis hunn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président.***- Merci, Här Clement

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier an Aarbechtsminister Dan Kersch.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.***- Merci, Här President. Ech wëll och dem Rapporteur nach eng Kéier Merci soen, well e wierklech ganz ausféierlech och op déi Diskussiounen agaangen ass, déi mer an der Kommissioun gefouert hunn. Ech mengen, mir hunn déi Avisen, déi mer kritt hunn, ganz, ganz seriö geholl.

Hei geet et engersäits drëms, eng nei Méiglechkeet ze schafen. Den Här Spautz huet virdrun e Beispill gesot, dass et emol an der Praxis och scho Saache gouf, wou mer iwwert déi 1.022 Stonnen erausgaange sinn, awer ouni déi néideg Sécurité juridique. Hei schafe mer déi elo. An ech mengen, et ass normal, dass, wa mer eng nei Méiglechkeet schafen, also och nei Ausgaben ënner Ëmstänn provozéiere fir de Fonds pour l'emploi, also fir effentlech Suen, dass ee sech dann awer eng gewësse Kontrollméiglechkeet gött an dann als Bedingung draschreift, dass dräi Partner mat um Dësch sëtzen: engersäits d'Salariéen, vertrueden duerch hir Gewerkschaften, anersäits selbstverständlech d'Patronen, mee schlussendlech awer och deen, dee schlussendlech muss d'Sue mat ausginn, nämlech de Staat respektiv d'Regierung. Ech mengen, et ass dat, wat mer hei ustriewen, am Kader och vun deem Lëtzebuerger Sozialdialog, dee mer alleguerte kennen.

An normalerweis, wann een a Schwieregkeeten war, virun allem dann huet dat Land ëmmer gewisen, dass et kann zesummestoen! Da sinn och ëmmer inhaltlech gutt Léisunge fonnt ginn.

Ech wollt vläicht nach eppes soen zu deem ënnerschwellige Virwurf, hei géifen elo Plan-de-maintienen u sech perenniséiert ginn. Ech gesinn dat net esou. Ech mengen natierlech, dass dat Instrument vum Plan de maintien u sech gestärkt gött, wat awer e gutt Instrument ass, wat mer och ugewannt hunn. Notamment an dëser Kris war dat e ganz wichtegt Instrument, fir de Chômage partiel an deem Mooss kënnen opzemaachen, wéi mer et elo an der Vergaangenheet gemaach hunn.

Et ass also net esou, dass, esou wéi et och am Avis vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers e bëssen erauskënn, „neierdéngs“ elo en Accord vun de Sozialpartner néideg wär, wa mer e Plan de maintien hätten. Well dat war nach ëmmer esou! Ouni Accord vun deenen zwee Partner, déi am Prinzip e Plan de maintien dans l'emploi ausschaffen, dat heescht also e Patron an op där anerer Säit d'Salariéen, ass et net zu engem Plan de maintien komm. An an deem Fall ass et direkt zu engem Plan social komm, an et ass jo dat, wat mer wëlle verhënneren. Fir dass d'Partner matenee schwätzen, an deem Sënn, mengen ech, dass dat heiten e gutt Gesetz ass, wat eis an der konkreeter Praxis virubréngt.

Ech selwer hoffen, dass mer dat Instrument ni mussen gebrauchen, fir iwwer 1.022 Stonne mussen erauszegoen! Well et muss ee jo awer wëssen, dass déi Leit, déi iwwer en halleft Joer an der onsécherer Situatioun vun engem Chômage partiel sëtzen, natierlech och enger gewëssener, soen ech emol, psychescher Contrainte ënnerleien. Déi wësse jo net, wat geschitt no deene sechs Méint, wou se elo am Chômage partiel sinn: „Behalen ech meng Aarbecht?“ - „Ech ka mech während där Zäit net onbedéngt aneschtens orientéieren, well ech jo awer nach an engem Aarbechtsvertrag sinn.“ Also ech mengen, et muss een alleguerten déi Saachen do belichten.

Summa summarum géif ech soen, dass dat heiten och eppes ass: Wann et net offiziell als Dagesuerdungspunkt am CPTÉ diskutéiert ginn ass, war et ganz vill a ganz oft Thema am Comité de conjoncture. Ech mengen, ech hunn déi Sitzung bal alleguerte matgemaach, zesumme mam Franz Fayot, wou mer déi Diskussioun gefouert hunn, et ass bal keng Sitzung vergaangen, wou mer net driwwer geschwat hunn: Wéi gi mer an deenen nächste Méint mam Chômage partiel ëm? Wat geschitt, wa mer an eenzelne Betriber net eens gi mat deenen 1.022 Stonnen, déi mer aktuell ëmmer hunn?

An deem Sënn ass dat heiten och mat de Sozialpartner diskutéiert ginn, och wann ech gären d'Kritik assuméieren, dass et net ëmmer offiziell op enger Dagesuerdning vum CPTÉ stoung. Et kann een et ëmmer herno eng Kéier besser maachen. Dat wäerte mer dann och an Zukunft maachen.

Wéi gesot, ech ka mech och där Iddi vun enger Motioun ganz gären uschlëssen. Ech fannen dat souguer eng ganz gutt Iddi. Et soll een no annerhallwem Joer eng Evaluatioun maachen, a wann een da gesäit, dass Nohuelbedarf ass, Verbesserungsbedarf ass, da soll een dat einfach maachen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président.***- Merci dem Här Aarbechtsminister Dan Kersch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7858. Den Text steet am Document parlementaire 7858<sup>4</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7858 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentiounen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7858 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Laurent Mosar), Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Diane Adehm), MM. Aly Kaes (par M. Marc Lies), Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Emile Eicher) et Michel Wolter (par M. Gilles Roth) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Georges Engel), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### Motion 1

Da kéime mer nach zur Motioun, déi vum Här Marc Spautz deposéiert ginn ass. Freet nach een d'Wuert zu dëser Motioun?

#### Vote sur la motion 1

Wann dat net de Fall ass, soll deen, dee mat dëser Motioun d'accord ass, d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domat ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

### 10. 7525 - Projet de loi portant modification :

**1° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;**

**2° de la loi du 15 décembre 2019 portant modification**

**1° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;**

**2° de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique ;**

**3° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;**

**4° de la loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État ;**

**5° de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;**

**6° de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale**

Dee leschte Punkt vum Ordre du jour vun dëser Woch ass de Projet de loi 7525, eng Ofännerung vum Beamtestatut. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

#### (Brouhaha)

An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (*LSAP*).**- Esou geet dat mat enger Motioun, wann ee sech gutt uleet.

#### Rapport de la Commission de la Fonction publique

■ **M. Gusty Graas (*DP*), rapporteur.**- Merci, Här President. Ech mengen, mir sinn eis alleguer heibannen eens, datt d'Legislatioun an der Fonction





publique eng ganz komplex Matière ass. Et ass munchmol net einfach, dat ganz Arsenal vu Gesetzer ze duerchblécken. Duerfir ass et och net verwonnerlech, datt d'Praxis engem heiansdo diktiert, datt ee muss reegelméisseg Upassunge virhuelen. Dat ass och haut de Fall: Mir mussen eng Rei Ännerungen um Gesetz vum 15. Dezember 2019 iwwert d'Reform vum Stage an der Fonction publique maa-chen. Donieft gëtt och nach e klengen Oubli redres-séiert, wat d'lessensprimm ubelaangt. An da ginn och nach schlussendlech d'Konditione vun der Majoratioun vun Echelonon an eenzelne Karriären ugepasst.

Dat bréngt natierlech mat sech, datt eng Rei aner Gesetzzer och musse punktuell ëmgeännert ginn, zum Beispill dat iwwert d'Gehälter an de Statut vun de Staatsbeamten, de Regimm an d'Indemnitéite vun de Fonctionnaires an de Staatsemployéen, d'Organisation vum INAP, d'Schafe vum Institut de formation de l'éducation nationale an och d'Police-gesetz.

Dat ganzt Gesetz besteet aus dräi Artikelen, ass also net ganz riseg. Ëm wat geet et? Ma dat wëll ech lech dann elo am Detail hei matdeelen.

Éischtens emol geet et ëm d'Méiglechkeet vun enger Majoratioun vun Echelonon u Beamten aus dem Niveau général fir e puer Fonctiounen mat spe-zifische Responsabilitéiten, awer nëmmen am Fall, wéi gesot, wou am ieweschten Niveau keng Kandi-dature virleien.

Déi Méiglechkeet, en Agent aus dem Niveau gé-néral ze designéieren, gëtt de Moment jo scho fir ver-schidde Fonctiounen applizéiert. Et sinn awer eng Rei anerer, wou dat net de Fall ass; déi wëll ech dann och hei opzielen: Dat sinn den Expert en ra-dioptection, den Ingénieur nucléaire, de Juge beim Conseil arbitral des assurances sociales, de Médecin-vétérinaire, de Pharmacies-inspecteur, de Médecin-dentiste an de Médecin. An nach eng Kéier wëll ech soen: Et ass nëmmen am Fall, wou keng Kandidatur vum Niveau supérieur do ass, déi esou e Poste wëllt unhuelen.

Dann en zweete Punkt - ech hat scho kuerz drop hi-gewisen -, dat ass de Redressement vun engem Ou-bli, wat d'lessensprimm ubelaangt: Do stoung nach den Tarif vun 144 Euro dran, mee entre-temps gëtt jo déi lessensprimm an Héicht vun 204 Euro ausbe-zuelt.

Den drëtte Punkt ass dann am Gehältergesetz vum 25. März 2015: Do gëtt elo de „sous-groupe poli-cier“ suppriméiert. Firwat? Mee fir datt d'Beamten aus der Gehälterklass C2 aus de Sous-groupë Po-lice an Arméi déi selwecht Stageindemnitéit an dat selwecht Ufanksgelalt kréien.

De véierte Punkt, do geet et dann ëm de Stage fir déi Leit, déi an der Gehältergrupp D sinn: An zwar sollen déi elo de fënneften Echelon kréien. Aller-déngs musse se Detenteur si vun engem CAP res-pektiv vun engem Brevet de maîtrise. Dat bezitt sech allerdéngs nëmmen op déi Agenten, déi d'Fonctioun vum Artisan ausüben.

Da komme mer bei dee fënnefte Punkt: Hei geet et ëm d'Indemnitéite fir d'Stagiaire-fonctionnaire vum Traitementsgrupp B1 vun der Rubrik Arméi, Police, Inspection générale de la police. An déi Indemni-téite gi fixéiert op den drëften Echelon vum Grade de computation vun der Bonification d'ancienneté. All Staatsbeamten heibanne weess jo, ëm wat et geet.

Dann den Artikel 2, dee komplettéiert den Artikel 27 vum Gesetz vum 15. Dezember 2019. Hei geet et drëms, wéini den Echelon deenen Employéén zou-gestane gëtt, déi zwee Drëttel vun de Punkten an den Epreuve kruten. An op Basis vun der aler Legis-latioun koume se an de Genoss vum véierten Eche-lon um Ufank vun hirer Karriär.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann nach zum Avis vum Conseil d'État. Mengt awer elo net, ech hätt den drëften Artikel vergiess. Op dee kom-men ech nach zrëck.

Den Avis vum Conseil d'État, dat war deen éischten, dee krute mer den 9. Juni 2020, an en huet eis do rappelléiert, datt een an engem Gesetz keng Refe-renz soll maachen op Gesetzzer, déi scho suppri-méiert goufen.

A sengem zweeten Avis vum 23. Februar 2021 ass e mat der Dispositioun d'accord, déi ech lech vir-drun erkläert hunn, wat d'Majoratioun vun den Echelone fir Beamte vum Niveau général ubelaangt. En hat och nach e puer legistesche Remarke ge-maach, déi hu mer selbstverständlech och akzep-téiert.

Dann hat awer och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics en Avis eragi vum 2. März 2020. An déi hat awer keng Beanstandung ze maa-chen.

Dann nach e puer Wuert, wéi dat sech och gehéiert bei engem Rapport, iwwert d'Aarbechten an der Kommissioun. Dat Gesetz gouf den 20. Februar 2020 vum Minister Marc Hansen deposéiert. De 16. September 2020 gouf de President vun der Kom-missioun zum Rapporteur ernannt. Zwee Amende-ments parlementaires hu mer och an där selwech-ter Reunion ugehol. An de Rapport gouf schluss-endlech och de leschte 27. Oktober eestëmmeg ugehol.

An da wëll ech nach preziséieren, wat den Artikel 3 ubelaangt, deen ech scho virun ernimmt hat: Dee gesäit vir, datt den Artikel 1 op den 1. Januar 2019 retroaktiv ugewannt gëtt. An den Artikel 2 gëtt re-troaktiv op den 1. Januar 2020 ugewannt.

Voilà! Ech mengen, elo hunn ech esou gutt wéi méiglech versicht, lech déi llichtverdaulech Kost einfach ze erklären. An da ginn ech och dovun aus, datt jiddweree mam Gesetz d'accord ass. Jidde-falls d'Demokratesch Partei ass dermat d'accord.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Rapporteur Gusty Graas villmools Merci a ginn d'Wuert un den Här Dan Biancalana.

**Discussion générale**

■ **M. Dan Biancalana (LSAP).**- Merci, Här President. Ma ech géif dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Wéi en ervirge-huewen huet, ass effektiv d'Gesetzgebung ron-derëm d'Fonction publique ganz komplex. An hei goug et virun allem drëm, eng Rei Inkohärenzen an och Lacunnen ze behiewen am Kontext vun der Re-form vum Stage an der Fonction publique. Deem gëtt hei och haut Rechnung gedroen, an dofir och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Biancalana. An d'Wuert geet weider un den Här Carlo Back.

■ **M. Carlo Back (déi gréng).**- Merci, Här President. Jo, ech géif dem Rapporteur och Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. A wéi gesot, et ass normal, e Gesetz soll een ëmmer enger Revi-sioun ënnerzéien. Dat ass hei gemaach ginn. An dofir gi mer och als gréng Fraktioun den Accord.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Back. An ech entschëllege mech, well ech den éischten ageschriwwene Riedner vergiess hat, déi honorabel Madamm Diane Adehm.

■ **Plusieurs voix.**- O!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

**(Interruptions)**

■ **Mme Diane Adehm (CSV).**- Merci, Här President. Ech maachen et dann och kurz und schmerzlos. Ech soen dem Rapporteur villmools Merci fir säin ausféierleche Rapport, dee war wéi ëmmer ganz prezis. Et ass och e Gesetz, wat e bëssen e Sam-melsurium u Mesuren ass, déi eigentlech an dësem Gesetzesprojet opgefaange gi vu fréieren Oublien, déi elo solle redresséiert ginn. Duerfir ass et eigent-lech an deem Sënn wierklech e ganz komplette Rapport gewiescht. Villmools merci vun eiser Säit an och eisen Accord. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Adehm. An ech probéieren, datt och deen Oubli mir net méi geschitt, a ginn d'Wuert un de leschten ageschriwwene Riedner, den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Ech erspueren lech och d'Ried. Et ass zwar elo 20.15 Auer, mir wëlle jo net wéi de Gottschalk d'Chamber ze laang iwwerzéien. Ech wollt eigentlech an der Ried vill Luef ervirbréngen, mee dat maache mer dann d'nächst Kéier. An Här Graas, merci fir Äre gudde Rapport, an zwou Stëmmen hutt Der. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Den Här Goergen war ëmmerhi Karnevalspräz. An haut ass den 11.11.

**(Interruptions)**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister fir d'Fonction publique, den Här Marc Hansen.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction pu-blique.**- Här President, ech wär op dëser Plaz e bes-sen tentéiert, fir e längeren Exposé ze maachen ...

**(Hilarité)**

■ **Une voix.**- Jo!

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique.**- ... iwwert d'Graden an d'Echelonon an d'Traite-mentsgesetzter an der Fonction publique.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction pu-blique.**- Ech spieren awer, dass Der alleguerten ze-fridde waart mat dem gudde Rapport vun dem Rap-

porter Gusty Graas, deen dat natierlech perfekt hei duergestallt huet.

Et geet ëm technesch Ajustementer. Dat kënn bei deene Gesetzzer reegelméisseg vir. Ech spieren, dass jiddweree mat deem dote Projet ka liewen, an dofir soen ech där Unanimitéit, déi sech hei ofzee-chent, och villmools Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Fonction-publiques-Minister Marc Hansen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7525. Den Text steet am Document parle-mentaire 7525<sup>9</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7525 et dis-pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugehol.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7525 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf (par Mme Diane Adehm), Mmes Martine Hansen (par M. Félix Eischen), Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Lies), MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Marc Spautz), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Emile Eicher), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter (par M. Gilles Roth) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par Mme Cécile Hemmen), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir de 16., 17. an 18. November virgesinn. D'Sitzung ass opgehewen.

**(La séance publique est levée à 20.26 heures.)**

## Sommaire des séances publiques n<sup>os</sup> 10 et 11

### 10<sup>e</sup> séance

|                                                                                                                                                                                      |            |
|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                 | p. 100     |
| Dépôt de deux motions par M. Jeff Engelen .....                                                                                                                                      | p. 100     |
| Débat sur la politique européenne et étrangère .....                                                                                                                                 | p. 100-117 |
| 7773 - Projet de loi portant approbation de l'Accord relatif à la participation de la République de Croatie à l'Espace économique européen, fait à Bruxelles, le 11 avril 2014 ..... | p. 117     |
| Question élargie n° 116 de Mme Viviane Reding au sujet du statut de siège européen du Luxembourg.....                                                                                | p. 117-118 |

### 11<sup>e</sup> séance

|                                                                                                                                  |            |
|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                             | p. 119     |
| Dépôt d'une proposition de loi par Mme Myriam Cecchetti .....                                                                    | p. 119     |
| Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la précarité énergétique .....                                             | p. 119-127 |
| Dépôt d'une motion par M. Jeff Engelen.....                                                                                      | p. 127     |
| Interpellation de M. Gilles Baum au sujet de la viticulture au Luxembourg.....                                                   | p. 127-138 |
| Motion de M. Jeff Engelen relative à l'octroi d'aides financières aux agriculteurs suite à la hausse des prix de l'engrais ..... | p. 138     |
| 7643 - Projet de loi sur les données ouvertes et la réutilisation des informations du secteur public .....                       | p. 139-140 |

7772 - Projet de loi portant modification des articles L. 651-2 et L. 651-4 du Code du travail..... p. 140-141

7858 - Projet de loi portant :

1° dérogation temporaire à l'article L. 511-5 du Code du travail ;

2° modification du Code du travail..... p. 141-143

7525 - Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

2° de la loi du 15 décembre 2019 portant modification

1° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

2° de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique ;

3° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

4° de la loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État ;

5° de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;

6° de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale..... p. 143-144





Sommaire

| Question n°      | Auteur                                    | Objet                                                                                                               |
|------------------|-------------------------------------------|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| 5492             | François Benoy                            | Mise en valeur du monument national « Gëlle Fra » et les aménagements urbains prévus à la place de la Constitution  |
| 5508             | Jeff Engelen                              | Pénurie de chauffeurs chez les transporteurs                                                                        |
| 5515             | François Benoy                            | Aménagements urbains prévus autour de la gare de Luxembourg                                                         |
| 5519             | André Bauler                              | État de la traversée de Préizerdaul (N12)                                                                           |
| 5545             | Max Hahn                                  | Création d’une voie pour covoiturage sur la l'A6                                                                    |
| 5547             | Jean-Marie Halsdorf                       | Travaux d’infrastructure transfrontaliers de grande envergure                                                       |
| 5548             | Jeff Engelen, Fred Keup                   | Décharges pour déchets inertes                                                                                      |
| 5553             | Gusty Graas                               | Fauchage de haies longeant l'A3 non autorisé                                                                        |
| 5556             | Sven Clement                              | Place de stationnement automobile pour personnes handicapées                                                        |
| 5577<br>cf. 5637 | Marc Spautz                               | Couverture sociale des chauffeurs professionnels frontaliers travaillant pour des entreprises luxembourgeoises      |
| 5583             | François Benoy                            | Pollution des cours d’eau                                                                                           |
| 5605             | Max Hahn, Carole Hartmann                 | Mesures de protection contre les inondations                                                                        |
| 5607             | Félix Eischen, Paul Galles                | Promotion de la mobilité hydrogène                                                                                  |
| 5620             | Francine Closener, Simone Asselborn-Bintz | Situation sanitaire actuelle dans les écoles de l’enseignement fondamental                                          |
| 5624             | Gusty Graas                               | Empreinte environnementale du numérique                                                                             |
| 5634             | Sven Clement                              | Fonctionnarisation des chargés de cours dans l’enseignement secondaire                                              |
| 5636             | Mars Di Bartolomeo, Yves Cruchten         | Retards dans le domaine de la construction                                                                          |
| 5637<br>cf. 5577 | Sven Clement                              | Couverture sociale des chauffeurs professionnels frontaliers travaillant pour des entreprises luxembourgeoises      |
| 5644             | Fernand Kartheiser, Roy Reding            | Utilisation des « cookies » sur la protection des données                                                           |
| 5645             | Jeff Engelen                              | Sommation de paiement envers les employeurs de l’Horeca                                                             |
| 5654             | Martine Hansen                            | Acquisition des terrains nécessaires pour la construction du Nordstad-Lycée                                         |
| 5657             | Carlo Weber                               | Contrôle du trafic de transit                                                                                       |
| 5662             | Myriam Cecchetti                          | Pénurie de décharges pour déchets inertes                                                                           |
| 5664             | Jean-Marie Halsdorf                       | Recensement 2021                                                                                                    |
| 5672             | Sven Clement                              | Abus du statut de travailleur indépendant                                                                           |
| 5673             | Sven Clement                              | Travail clandestin                                                                                                  |
| 5674             | Chantal Gary                              | Avancement du projet Nordstad-Lycée à Erpeldange-sur-Sûre                                                           |
| 5675             | Gilles Baum, Gusty Graas                  | Syndrome du bébé secoué                                                                                             |
| 5678             | Nathalie Oberweis                         | Prestations remboursées en double par la Caisse nationale de la santé                                               |
| 5681             | Gusty Graas                               | Sclérodermie                                                                                                        |
| 5685             | Dan Biancalana                            | Cyberattaques transfrontalières ciblant les banques                                                                 |
| 5686             | Sven Clement                              | Dépenses en recherche et développement                                                                              |
| 5688             | Laurent Mosar                             | Taxonomie verte décidée par la Commission européenne                                                                |
| 5694             | Claude Lamberty, Carole Hartmann          | Infrastructure sportive                                                                                             |
| 5695             | Marc Spautz                               | Production de puces électroniques                                                                                   |
| 5700             | Sven Clement                              | Contrats zéro heure dans le secteur public                                                                          |
| 5702             | Fred Keup, Jeff Engelen                   | Experts « bruit »                                                                                                   |
| 5705             | Jeff Engelen                              | Contact tracing                                                                                                     |
| 5707             | Sven Clement                              | Heures d’ouverture des guichets de la CNS                                                                           |
| 5710             | Gilles Roth, Laurent Mosar                | Protection accordée aux ressortissants luxembourgeois dans le cadre de demandes d’extradition émanant de pays tiers |
| 5712             | Sven Clement                              | Nouvelle application GouvID                                                                                         |
| 5713             | André Bauler                              | Countournement de Hosingen                                                                                          |
| 5715             | Martine Hansen                            | Bilan des objectifs climatiques sectoriels                                                                          |
| 5719             | Léon Gloden                               | Budget de l’Union européenne                                                                                        |
| 5720             | Sven Clement                              | Décompte annuel de la consommation du gaz                                                                           |
| 5721             | Marc Goergen                              | Trafic à Wormeldange                                                                                                |
| 5722             | Gusty Graas, André Bauler                 | Stratégie « De la ferme à la table »                                                                                |
| 5725             | Jessie Thill                              | Harcèlement sexuel dans les transports publics                                                                      |
| 5726             | Martine Hansen, Claude Wiseler            | Analyse dans le cadre de l’introduction d’une vaccination obligatoire contre la Covid-19                            |
| 5727             | Marc Goergen                              | Réunion du conseil communal à huis clos                                                                             |
| 5728             | Marc Goergen                              | Publication des questions posées au collège échevinal                                                               |
| 5730             | Nathalie Oberweis                         | Accueil des demandeurs de protection internationale                                                                 |
| 5731             | Stéphanie Empain, Djuna Bernard           | Relations entre la Chine et la Lituanie                                                                             |
| 5734             | Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis       | Périmètre de manifestation                                                                                          |
| 5735             | Paul Galles                               | Sommet entre l’Union africaine et l’Union européenne                                                                |
| 5736             | Martine Hansen                            | Permis de chasse                                                                                                    |
| 5740             | Max Hahn, Carole Hartmann                 | Changements de nom et de prénom                                                                                     |
| 5742             | Fred Keup                                 | Tables rondes politiques organisées dans les écoles                                                                 |
| 5744             | Sven Clement                              | Chèques-repas                                                                                                       |
| 5746             | Sven Clement                              | Stockage du CO <sub>2</sub>                                                                                         |
| 5747             | Gilles Baum, Gusty Graas                  | Révoltes au Kazakhstan                                                                                              |
| 6422<br>urgente  | Laurent Mosar                             | Versement de salaires et de primes aux soldats russes par la Gazprombank                                            |

**Question 5492** (12.01.2022) de **M. François Benoy** (*déi gréng*) concernant la **mise en valeur du monument national « Gëlle Fra » et les aménagements urbains prévus à la place de la Constitution** :

Un article de presse du 5 janvier 2022 note que le projet de réaménagement de la place de la Constitution « continue de prendre un retard considérable ».

En réponse à ma question parlementaire n° 0552 du 22 mars 2019 concernant la revalorisation de la place de la Constitution à Luxembourg-ville, Monsieur le Ministre avait répondu que « L’objet du concours [d’architecte] concerne le réaménagement de la place de la Constitution et de ses alentours, en vue d’intégrer cet ensemble dans le réseau des espaces publics de la ville en assurant notamment une liaison qualitative avec l’hypercentre par le boulevard Roosevelt (notamment via la rue Chimay, respectivement via la rue de l’ancien Athénée) d’une part, et à la vallée de la Pétrusse, d’autre part. » Plus récemment, le réaménagement de la place de la Constitution faisait partie de la liste 2021 des grands projets d’infrastructures de l’État pour lesquels la Chambre des Députés a donné son accord lors du débat d’orientation du 30 novembre 2021. Le rapport ayant servi de base à ce débat mentionnait notamment que : « Le projet prévoit le réaménagement de la place de la Constitution, appartenant au domaine public de l’État, comme place publique réservée aux piétons et à la mobilité douce. Ce réaménagement [...] a fait l’objet d’un concours dont le résultat n’a pas encore été officialisé au mo-

ment de la présentation en commission. »

Dans ce contexte, je voudrais avoir les renseignements suivants de la part de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

- 1) Monsieur le Ministre peut-il fournir davantage d’informations sur l’avancement de ce projet de réaménagement ?
  - 2) Combien de projets furent introduits pour le concours d’architectes et quelles sont les pistes proposées les plus innovantes ?
  - 3) Parmi les objectifs du projet figurent notamment un aménagement de la place permettant à la fois la mise en valeur du monument, la promotion de l’échange social et une diversité d’activités et d’évènements. Quelles pistes sont privilégiées pour atteindre ces objectifs ?
  - 4) Un autre objectif du projet étant de mieux relier la place à l’hypercentre, quelles pistes sont privilégiées pour dépasser la séparation urbaine causée par le boulevard Roosevelt ?
  - 5) Est-il prévu d’améliorer le réseau cyclable à cet endroit, afin d’offrir aux cyclistes, le long de cet axe central vers le pont Adolphe et vers le parc, la même qualité de piste existant actuellement jusqu’à la Cathédrale ?
- Réponse** (07.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1) Le résultat du concours reste à être officialisé suite aux délibérations finales du jury du 29 juin 2021 moyennant une exposition qui permettra

au grand public de prendre connaissance des propositions d’aménagement remises. En attendant, des concertations entre la Ville de Luxembourg et l’État sont menées afin de coordonner davantage les suites du projet.

ad 2) Conformément au règlement de concours, le jury avait retenu sur base d’une présélection sept équipes qui étaient invitées à remettre un projet.

Les réflexions de base de tous les projets concernaient la remise en valeur de la place de la Constitution et du monument avec son caractère historique et sa dimension imposante moyennant des scénographies imaginées par les concepteurs sur base d’approches variées. Elles intégraient également une réévaluation du lien avec le centre-ville.

ad 3) Le futur aménagement de la place vise la création d’un espace équilibré entre l’impressionnant et le discret. La mise en valeur du monument et de la vue exceptionnelle sur la vallée à partir du bastion historique constitue l’objectif primaire. La végétation est repensée et de nouveaux pavillons sont proposés pour la place. Combiné à un mobilier et équipement adapté, ce réaménagement permet de créer un espace de rencontre attrayant afin d’inciter les échanges sociaux et diverses activités adaptées au nouvel esprit et à l’échelle de la place.

ad 4) Au vu des contraintes fonctionnelles de la circulation du boulevard Roosevelt (piste cyclable et voirie), la séparation de la place de la Constitution impliquée par cet axe de la mobilité ne peut pas être surmontée. Toutefois, les pistes proposées

cherchent à améliorer l’état actuel par une adaptation de la hiérarchisation de la mobilité et de l’espace urbain en vue d’une meilleure liaison perceptive avec le centre-ville et le réseau des autres places à proximité (Knuedler, place d’Armes, place Clairefontaine). Le caractère d’une vraie place est renforcé par la proposition de planter côté nord une allée d’arbres qui se poursuit le long du boulevard Roosevelt. Finalement, la continuité des matériaux du revêtement de sol de part et d’autre du boulevard, sur la place et ses abords, soulignera également l’intégration de la place à la ville.

ad 5) Il est prévu d’améliorer le réseau cyclable moyennant l’aménagement d’un couloir bidirectionnel du côté sud du boulevard Roosevelt. Des emplacements de stationnement pour des vélos personnels respectivement du service de location de la Ville de Luxembourg sont proposés à proximité immédiate de la place.

**Question 5508** (17.01.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant la **pénurie de chauffeurs chez les transporteurs** :

Am Artikel „Angst vor britischen Verhältnissen“, deen de 4. Januar am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt Lëtzebuerg aktuell amgaangen ass lues awer sécher mat engem Mangel u Camionschauffeure konfrontéiert ze ginn, deen déi nächst Jore wieder wäert zouhuelen. Nieft dem bekannte Problem vun der EU-Reform vun de





Cotisatiounen no Wunnsätz bei Beruffschaffere, gi véier wieder Beräicher ugefouert, déi d'Situatiounen wieder verschäerfen:

- Déi dacks Baustellen op de Raschtplaze laanscht d'Autobunnen. Oft kommen d'Fuerpläng vun de Firmaen duercherneen, well de Chauffeur seng virgeschriwwen Pausen a Rouzäiten ënnerwee net sou anhale ka wéi geplangt, well déi entspreichend Raschtplaze onerwaart duerch e Chantier blockéiert oder ageschränkt ass.

- Den héijen Ausbildungsalter vun 21 Joer.

- Déi laang Waardezäite bis zur Formatioun um Colmer-Bierg, vun aktuell ronn 10 Méint.

- Déi ganz komplizéiert Covidrestriktiounen, déi notament fir Chauffeuren aus Osteuropa vill Zousazopwand bedeuten, well si dacks mam Sputnik geimpft sinn, deen si zu Lëtzebuerg net uerkannt kréien an hei op der Plaz Schwierigkeeten hunn, fir ma thirem Camion bis bei en Testzentrum ze kommen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gären dës Froen stellen:

1. A wéi engem Delai ginn d'Baustellen op de Raschtplaze laanscht d'Autobunnen (sauf urgence) geplangt an un déi betraffe Firmaen, respektiv eng zoustänneg Koordinatiounsinstanz kommunizéiert, fir datt d'Faarte mat den obligatoreschen Pausen a Rouzäite vun de Chauffeuren zuverlässeg am Viraus geplangt kënnen ginn?

2. Wéi ass déi Decisioun motivéiert, datt jonk Leit de Camionsführerschäin zu Lëtzebuerg réischt mat 21 Joer kënnen maachen? Entsprecht dës Norm där vun eisen Nopeschlänner? Falls net, gëtt eng zäitno Gesetzesännerung envisagéiert?

3. Plangt d'Regierung eng zäitno Erhéijung vun de Kapazitéite vun CFC um Colmar-Bierg? Falls net, firwat net?

4. Kéint d'Regierung sech eng sektoriell Unerkennung vun Impfzertifikater virstellen, déi iwwert déi hei am Land allgemeng uerkannten Impfzertifikater erausgeet, dat méiglecherweis och ënner Konditiounen, zum Beispill, datt déi Impfzertifikater déi op Basis vum Sputnik V ausgestellt goufen, nëmmen am Kader vun der Ausübung vu berufflechen Aktivitéite gültig sinn?

**Réponse** (07.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. D'Baustellen op de Raschtplaze laanscht d'Autobunnen (sauf urgence) ginn, weinst den Delaien, déi d'Prozedur vun den ëffentlechen Ausschreibungen mat sech bréngen, an der Reegel schonn e Joer am Viraus geplangt. De geneeën Oflaf vun den Aarbechte gëtt dann 2-3 Méint am Viraus geplangt.

Et gëtt alles versicht, fir datt d'Baustellen op de Raschtplaze laanscht d'Autobunnen a sou engem kuerzen Zäitraum ewéi méiglech realiséiert ginn, ouni qualitativ Aspersionen ze hunn.

Zousätzlech ginn am Prinzip d'Chantieren ausserhalb vun den Hauptbeleungszeite vun de Camionsparkplazen duerchgezunn, spréich: An der Woch, mat Präferenz dëschdes, mëttwochs an donneschdes, domat d'Parkplaze fräi si wann d'Camionneuren de Weekend hir grouss Rouspauze maache mussen. Och gëtt ëmmer just een Deel vum Parking fir d'Aarbechte gespaart, sou dass zu jidder Zäit en Deel vun de Parkplazen opbleift. Dës ebe just fir weeder d'Camionneuren nach d'Concessionairen, iwwert d'Mooss ze stéieren.

D'Informatiounen zu de Baustelle ginn de Concessionairen vun den Tankstellen 3 Wochen am Viraus matgedeelt. Fir d'Camionneuren iwwert déi kommand Aarbechten z'informéieren, ginn Affichë fir d'Concessionaire gedréckt, déi an de Keesen opgehaange solle ginn, grad sou wéi och Flyeren, déi un d'Camionneure verdeelt kënnen ginn.

Och ginn d'Informatiounen zu de Baustellen op de Raschtplaze laanscht d'Autobunnen, grad sou wéi déi aner Baustellen och, um Site [www.cita.lu](http://www.cita.lu) ugewisen. Zousätzlech ginn d'Informatiounen, do wou et Sënn mécht, och op de CITA's Panneauen ugewisen.

ad 2. D'Alterslidden, déi de Code de la route virgesäit (18 Joer fir d'Kategorien C1 an C1E an 21 Joer fir d'Kategorien C an CE) kommen aus der europäescher Führerschäinsdirektiv a sinn deemno an all Memberstaat déi selwecht. Et kann een awer och scho mat 18 Joer de Camionsführerschäin (C) maachen, dofir muss een dann awer d'Berufsausbildung beim Centre de formation pour conducteurs zu Suessem (CFC) maachen.

ad 3. Et ass am Moment effektiv esou, datt et beim CFC eng gewësse Waardezäit gëtt fir kënnen un esou enger Formatioun deelzehuelen. Dës ass op e puer Grënn zeréckzeféieren. D'Pandemie hat, wéi an de Schoulen an och an aneren Ausbildungszentren, Auswirkungen op d'Aktivitéite beim CFC, wou Coursen ausgefall sinn. Des Weidere war 2021 an dëser Formatioun e Joer, wou besonnesch vill Leit hir Formation continue hu misse maachen, déi all 5

Joer ufält. Dës erkläert sech doduerch, datt wéi d'Gesetz agefouert ginn ass, hunn all d'Chauffere an enger kuerzer Zäit misse mateneen eng „Formation continue“ maache fir kënnen als Beruffschaffere ze schaffen. Dës Pic, och wann e mat de Jore manner grouss gëtt, war 2021. D'Zuel vun de Kandidaten an esou engem Joer ass bal duebel esou héich wéi an engem „normale“ Joer (iwwert 2000 Kandidaten am Verglach zu dem déi 1000 soss) an den CFC huet all d'Kapazitéiten an dës Formatioun geluecht, fir datt d'Leit dës Formatioun am Delai maache konnten fir weider an hirem Beruff schaffen ze kënnen. Fir awer elo den Delai d'attente bei der „Formation initiale“ nees op en normalen Niveau ze bréngen, huet den CFC seng Kapazitéiten nei orientéiert fir 2022 méi Leit kënnen eng „Formation initiale“ unzebidden. Dofir sinn och nei Formateuren agestellt ginn an et sollen der nach bäikommen. Et sief nach erwänt, datt den CFC a stännegem Austausch mat de Vertrieber vum Sektur ass, fir mat hinnen no Léisunge bei eventuellen Enkpäss ze sichen.

ad 4. De Sputnik V ass keen uerkannten Impfstoff geméiss Artikel 1, Punkt 23° vum modifizéierte Gesetz vum 17. Juli 2020 iwwert d'Mesuren am Kampf géint d'Pandemie Covid-19 (Covidgesetz). Doweinst ass et net méiglech entspreichend Impfzertifikater hei zu Lëtzebuerg unzeerkennen, och net sektoriell oder ënnert Konditiounen.

**Question 5515** (18.01.2022) de **M. François Benoy** (*déi gréng*) concernant les **aménagements urbains prévus autour de la gare de Luxembourg** :

En réponse à ma question parlementaire n° 0361 du 13 février 2019 concernant le réaménagement et l'extension de la gare centrale à Luxembourg, Monsieur le Ministre avait répondu que la mise en service complète des quais V et VI aurait lieu en décembre 2021. Ce délai a pu être respecté, comme en témoigne l'ouverture officielle du 13 décembre 2021 des nouveaux quais et de leurs quatre voies supplémentaires. Parmi les travaux effectués figure également la reconfiguration de la partie nord de la gare ainsi que le remplacement de l'ancienne passerelle piétonnière par une structure moderne incluant six ascenseurs et garantissant non seulement un accès aisé et sans barrières aux différents quais pour personnes en chaise roulante, avec poussette ou vélo, etc., mais aussi un trajet direct et facile entre le quartier de la gare et celui de Bonnevoie. Dans la même réponse, Monsieur le Ministre précisait que les « excédents de terrains libérés par la démolition des anciens ateliers de la gare de Luxembourg et non nécessaires à la construction de nouveaux quais V et VI sont destinés à l'implantation d'un bâtiment voyageurs côté Bonnevoie ».

Les travaux de réaménagement et d'extension de la gare sont adjacents à plusieurs autres projets d'infrastructures. D'un côté de la gare, le réaménagement de la Rocade de Bonnevoie, qui faisait partie de la liste des « Grands projets d'infrastructures de l'État » validée par la Chambre des Députés en novembre 2020 (avec 58 voix sur 60), visant une meilleure connexion urbanistique entre le quartier de Bonnevoie et celui de la gare. De l'autre côté - devant la gare - le projet d'adaptation du parvis dans le cadre de l'arrivée du tram et de celui de l'aménagement d'un parking à vélos souterrain à grande capacité à l'endroit de l'ancienne gare routière des autobus AVL, faisaient par contre déjà partie de la liste des « Grands projets d'infrastructures de l'État » validée par la Chambre des Députés en avril 2020 (également avec 58 voix sur 60).

Dans ce contexte, je voudrais avoir les renseignements suivants de la part de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Monsieur le Ministre peut-il fournir davantage d'informations sur l'état de planification des autres projets prévus sur les terrains libérés par la démolition des anciens ateliers CFL et notamment l'implantation d'un bâtiment voyageurs du côté de la Rocade ?

2) Quel est l'état d'avancement du projet de réaménagement de la Rocade de Bonnevoie permettant un meilleur raccordement urbanistique du quartier de Bonnevoie à la gare ?

3) Quel est l'état d'avancement du projet de parking à vélos souterrain à l'endroit de l'ancienne gare routière AVL ?

**Réponse** (07.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1) Le terrain libéré par la démolition des anciens ateliers CFL a déjà été affecté pour moitié à l'accueil des infrastructures des nouveaux quais V et VI (voies 11, 12, 13 et 14) de la Gare centrale.

L'autre moitié du terrain, longeant la rocade, est actuellement mobilisée pour l'installation du chantier des travaux de renouvellement des infrastructures ferroviaires, notamment en tête sud de la gare aux alentours du pont Buchler.

Une fois disponible, ce terrain a vocation à être aménagé pour accueillir un bâtiment voyageur du côté de Bonnevoie, pour créer une gare biface encore mieux intégrée et connectée au tissu urbain. Cette gare sera également équipée d'une gare routière.

Ce projet nécessitera une étroite coordination avec l'Administration des ponts et chaussées par rapport à l'avenir de la rocade.

Au vu des échéances des travaux en cours et des liens avec les projets d'infrastructures environnants, le chantier d'aménagement définitif de ce terrain ne pourra pas commencer avant 2026.

ad 2) Depuis 2020, plusieurs options ont été analysées en vue d'un réaménagement de la Rocade de Bonnevoie, dont également des structures en tunnel. En termes d'aménagement urbanistique, les options « tunnel », qui nécessitent des rampes d'entrée et de sortie assez longues, ont cependant été évaluées peu convaincantes.

Or, depuis l'affinement de la classification fonctionnelle du réseau routier étatique, le futur rôle de cet axe entrant en ville a pu être clarifié, et, d'entente avec les responsables de la Ville de Luxembourg, il fut retenu d'amplifier davantage le rôle urbanistique de l'endroit pour faire charnière entre le quartier de Bonnevoie et la gare centrale, de favoriser les transports publics, avec l'aménagement d'une gare routière, d'améliorer les infrastructures pour la mobilité active, et de prévoir l'apaisement du trafic motorisé individuel de façon conséquente.

Actuellement, les planifications ont été réorientées dans ce sens, sans pourtant avoir déjà abouti à un projet coordonné concret.

ad 3) Le parking à vélos souterrain projeté au droit de l'ancienne gare routière AVL s'inscrit dans un concept urbanistique global visant le réaménagement du parvis de la gare suite à l'arrivée du tram. En amont de la définition de l'utilisation future de cette partie du parvis, les études d'avant-projet sommaire concernant l'aménagement du nouveau parking à vélos fourniront un premier élément concret début 2023.

**Question 5519** (19.01.2022) de **M. André Bauler** (*DP*) concernant **l'état de la traversée de Préizerdau (N12)** :

D'Traversée d'après Préizerdau (N12) ass an de leschte Joren erneiert ginn. Et stellt sech elo eraus, datt en Deel vun dëser Duerchgangsstrooss am Ausgang vu Platen, eng vun den Uertschaften aus der Gemeng Préizerdau, an engem schlechten Zoustand ass. Effektiv schéngt den Ënnergrond respektiv d'Fondatioun vun dëser Strooss plazeweis agesackt ze sinn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froen stellen:

1. Wéini gouf de Belag an den Ënnergrond vun dësem Tronçon erneiert? Ass also nach Garantie op dësem Deel? Ass de Schued schonn estiméiert ginn?

2. Envisagéiert de Ministère op dësem Streckenofschneit Reparatur- oder Erneierungsaarbechten duerchféieren ze loosse?

**Réponse** (07.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

Déi lescht gréisser Aarbechten an der Uertsduerchfaart vum Préizerdau (N12) goufen an dräi Lousen duerchgefouert. D'Lousen 1 an 2 konnten 2011 respektiv 2013 ausgefouert ginn. D'Aarbechte vum Lous 3 goufe weinst groussen Investitionskäschten um Leitungsnetz, zesumme mat der Gemeng op 2026 reportéiert. Dobäi ass ze erwänen, dass all d'Aarbechte vun der Neigestaltung vun der Uertsduerchfaart viséieren fir d'Vitess vum Duerchgangsverkéier ze reduzéieren a sou d'Sécherheet op de betraffene Streckenofschneitter ze erhéijen.

Betreffend de vum honorabelen Deputéierten erwäante Streckenofschneit am Ausgang vu Platen, ass envisagéiert Erneierungsaarbechten um Stroossenopbau duerchzeféieren, fir an Zukunft esou Asackungen ze vermeiden. De Projet fir dës Aarbechten ze exekutéieren gëtt am Moment vun der Stroossebauverwaltung ausgeschafft.

Well awer d'Méiglechkeet fir den ëffentleche Verkéier während den Aarbechten um concernéierte Streckenofschneit ëmzeleede begrenzt sinn a well zudeem d'Gemeng an enger Säitestrooss (d'rue Fontaine, déi als Ëmleedung genotzt kéint ginn) deemnächst een eegene Projet ëmsetzt, kënnen d'Erneierungsaarbechten um Stroossenopbau réischt ufanks 2023 ausgefouert ginn.



**Question 5545** (24.01.2022) de **M. Max Hahn** (*DP*) concernant la **création d'une voie pour covoiturage sur l'A6** :

Op der Autobunn tëscht Arel a Sterpenich gëtt et schonn e Moment eng extra Spur fir de Covoiturage an den ëffentlechen Transport. Op Lëtzeburger Säit soll, no den Annoncé vum Här Minister, och sou eng Spur op der A6 tëscht der Grenz a Mamer entstoen. An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froen stellen:

- Wou ass den Dossier aktuell drun?

- Wéini kéinten d'Aarbechten ufänken?

- Wéini soll dës Spur fir den Trafic opgoen?

- Firwat soll déi Spur just bis bei den Echangeur Mamer goen?

- Kann den Här Minister confirméieren, dass déi extra Spur op Lëtzeburger Säit soll lénks laanscht déi kalifornesch Mauer goen, während d'Spur op belscher Säit riets laanscht de Bord vun der Autobunn geet?

- Wa jo, wat wieren d'Grënn heifer? Ass den Här Minister net der Meinung, dass et doduerch zu chaoteschen, wann net souguer geféierleche Situatiounen op der Grenz kéint kommen?

- Huet den Här Minister eventuell Donnéeën doriwwer, wéi vill déi extra Spur op belscher Säit genotzt gëtt?

**Réponse** (07.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

Als Reaktioun op e Projet tëscht Arel a Sterpenich op der belscher Säit, wou am Kader vun der Erneuerung vum Stroossebelag dovunner profitéiert gouf fir d'Strooss méi breet ze maachen an doduerch d'Méiglechkeet vun enger Covoitagespur op der Pannespur unzebidden, gouf zanterhier op der lëtzeburgerescher Säit un engem Konzept geschafft, fir net nëmmen d'Pannespur ze notzen, mee och, an Ofhängegkeet vum Trafic aner Fuerspieren dynamesch ze regléieren.

An dem Kontext sief och drun erënnert, dass d'Arel Autobunn (A6) elo schonns zanter e puer Joer an der Moiespëttestonn ënnert dem Regime vun der Vitessreduktioun exploitéiert gëtt. Dës an der Optik, fir d'Fluiditéit an och den CO<sub>2</sub>-Ausstouss ze optiméieren. Dës Iddie sinn och am Projet zum Ausbau vun der Autobunn A3 (2x3 Spueren) agefloss a wäerten dann och an déi kommend Projeten op den Autobunnen A4 an A6 mat afléissen.

Wat déi baulech Ëmsetzung ubelaangt, mussen déi lescht genannte Projekte jeeeweils Finanzéierungsgesetze ausgeschafft ginn, woubäi d'Escher Autobunn (A4) mat hirem Couloir multimodal, deen och de Vëloexpresswee nieft dem Korridor vum séieren Tram begräift, momentan am kohärentste mat den Aarbechten um Plan national de mobilité 2035 (PNM2035) ofgestëmmt ass.

Wat elo konkret d'Autobunn A6 ubelaangt, bedéngt den Aménagement vun der Pannespur an d'Aktivéierung vun enger Covoitagespur ee baulechen Opwand, deen d'aktuelle Stand vun der Planung momentan weder finanziell, nach vum Timing hier, kann ofgeschätzt ginn.

**Question 5547** (24.01.2022) de **M. Jean-Marie Halsdorf** (*CSV*) concernant les **travaux d'infrastructure transfrontaliers de grande envergure** :

Dans le cadre de la réalisation de la nouvelle liaison ferrée offrant un lien direct entre la gare d'Athus (B) et la France, des travaux urgents sont réalisés sur la partie de l'avenue de l'Europe (N830) se trouvant sur le territoire de la commune d'Aubange (B) afin de solutionner des problèmes concernant les ouvrages existants. Sachant que la N830 constitue une des liaisons routières principales entre la commune de Pétange (L) et la Belgique respectivement la France, chaque chantier sur ce tracé a de fortes répercussions, surtout durant les heures de pointe, sur la mobilité transfrontalière étant donné que les déviations mises en place passent par les agglomérations respectivement les zones industrielles des différents pays.

Ainsi, fin décembre 2021 le maître d'œuvre belge en charge de ces travaux avait annoncé une fermeture temporaire de ladite N830 du 7 au 24 janvier 2022 aux administrations communales concernées. En date du 18 janvier lesdites communes furent informées de problèmes conséquents de stabilité du nouvel ouvrage d'art suite auxquels la fermeture temporaire devrait être maintenue au-delà du 24 janvier, pour une durée indéterminée, mais au minimum jusqu'au 28 février 2022.

Dans le contexte de ces travaux d'infrastructure qui concernent le Luxembourg, la Belgique et la France et cités à titre d'exemple, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre à la Grande Région et à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :





- À titre général, de quelle façon sont gérés les travaux d'infrastructure transfrontaliers de grande envergure ? Existe-t-il une cellule de coordination ?

- Dans l'affirmative, quelle est la composition générale de cette cellule de coordination, quels ministères voire quelles administrations y sont représentés ?

- Dans la négative, comment sont impliqués les autorités luxembourgeoises, le Ministère de la Mobilité et des Travaux publics voire l'Administration des ponts et chaussées et le Ministère de la Grande-Région, dans le cadre de la coordination de travaux routiers transfrontaliers ?

- Plus précisément, comment sont gérés l'organisation des travaux, la mise en place des déviations ainsi que l'adaptation du balisage, des feux rouges et de la signalisation ?

- Sur base de quels critères sont fixés le déroulement et la durée du chantier en question ?

**Réponse** (07.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

En principe, les services de l'Administration des ponts et chaussées sont en contact avec les autorités étrangères et les travaux d'infrastructures transfrontaliers de grande envergure sont discutés et réglés au cas par cas, selon les besoins. Il n'existe pas de cellule de coordination fixe, vu le nombre inconnu d'interlocuteurs frontaliers compétents pour les différents types et catégories de routes.

Dans le cas des chantiers autoroutiers, mes services consultent généralement leurs homologues étrangers. En cas de chantier d'envergure, l'information est partagée via communiqué de presse avec le Ministère de la Mobilité et des Travaux publics, les communes concernées et l'Automobile Club du Luxembourg (ACL). De plus, tous les chantiers sont publiés sur le site [www.cita.lu](http://www.cita.lu).

La mise en place des déviations ainsi que les adaptations des balisages sont assurées par la Division de l'exploitation de la grande voirie et de la gestion du trafic. En outre, il convient de préciser que les chantiers autoroutiers sont signalisés en conformité avec les recommandations de la brochure « Signalisation des chantiers » éditée par la Commission de circulation de l'État.

Le déroulement et la durée des chantiers autoroutiers sont déterminés en fonction de leur envergure et du trafic existant.

Dans le cas du chantier en question, je tiens à vous informer qu'en préparation des travaux sur la partie de l'avenue de l'Europe se trouvant sur le territoire belge, une réunion de coordination a été organisée par l'administration communale de Pétange en date du 30 novembre 2021 avec les représentants de la Police Grand-Ducale, la Police d'Aubange, le bureau d'études et le service régional d'Esch-sur-Alzette de l'Administration des ponts et chaussées. Lors de cette réunion, il a été retenu qu'il aurait une fermeture du 7 janvier 2022 à partir de 9h00 jusqu'au 24 janvier 2022 à 6h00. Suite à cette réunion, le service régional d'Esch-sur-Alzette a installé des panneaux d'information sur notre territoire afin d'avertir le public et deux itinéraires de déviation ont été mis en place à partir du 7 janvier 2022.

Par le biais des médias, nous avons pris connaissance que le planning, tel qu'il a été présenté lors de la réunion du 30 novembre 2021, n'est plus d'actualité. Sur demande de mes services, les autorités belges ont indiqué que la fermeture doit être prolongée en raison d'un problème technique et qu'une fermeture supplémentaire d'au moins deux mois est prévue en été.

**Question 5548** (24.01.2022) de **MM. Jeff Engelen** et **Fred Keup** (*ADR*) concernant les **déchets pour déchets inertes** :

An den Artikelen „Tout le secteur de la construction pénalisé par ses déchets“ an „15 à 20.000 tonnes de terre chaque jour en décharge“, déi den 18. an den 19. Januar um Site vum Paperjam verëffentlecht goufen, heescht et, datt d'Lëtzebuurger Bauenterprises alljoers 8 bis 10 Milliounen Tonnen un Äerd aushiewen. Aktuell sinn d'Deponien, fir dës Offäll ze entsuergen awer chronesch iwwerlaascht. Chauffeure waarden oft stonnelaang, fir hir Liwierung lass ze ginn. Dëst féiert zu immensen Zousazkäschte fir déi betreffen Entreprises, well si hir Leit fir déi Zäit mussen bezuelen, awer souwuel Mann wéi Material déi Zäit op anere Plaze feelen. Weider gëtt drop verwisen, datt zousätzlech Arealer géifen zur Verfügung stoen, mee datt déi entspriechend Exploitationsgeneemegunge vusäite vun den Autoritéite feelen.

An deem Zusammenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Sinn der Regierung dës Mësstänn bekannt? Wa jo, wéi reagéiert si dorop?

2. Wéi eng Arealer fir d'Entsuegung vun ausgehewener Äerd ginn aktuell gepréift? Säit wéini

lafen dës Prozeduren a bis wéini gesäit d'Regierung den Ofschloss vun de Geneemegungsprozedure vir?

3. Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Zousazkäschte während de Joren 2018 bis 2020 duerch déi uewe beschriwwen Mësstänn jeeweils bei Projeten entstane sinn, wou de Staat an/oder d'Gemengen als Bauhär optrieden?

**Réponse commune** (07.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, et de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie* :

ad 1. Déi aktuell Situatioun am Beräich vun de Bauschuttdeponien ass bekannt.

Ee weesentleche Problem vun der Situatioun war d'Tatsaach, datt nei Site fir Bauschuttdeponien no der Prozedur entspriechend dem „Règlement grand-ducal du 9 janvier 2006 déclarant obligatoire le Plan directeur sectoriel décharges pour déchets inertes“ festgeluecht hu misse ginn. Doduerch, datt déi gesetzlech Basis vun deem Reglement am Laf vun de Joren e puer mol geännert gouf, sinn d'Prozedure fir nei Sitten an de Plan directeur sectoriel eran ze kréien, ëmmer méi komplizéiert a laangwierreg ginn.

Aus deem Grond ass schoonn am Joer 2020 d'Prozedur lancéiert ginn, fir de „Plan directeur sectoriel décharges pour déchets inertes“ ze abrogéieren. Konform zum Artikel 27 vum Offallgesetz ass am Summer 2021 duerch d'Akraaftriede vum neie „Règlement grand-ducal du 25 août 2021 déterminant la procédure de recherche de nouveaux emplacements pour décharges régionales pour déchets inertes“ wesentlech vereinfacht ginn. Dëst Reglement baséiert op dem „Plan national de gestion des déchets“ a setzt Krittär fest, déi nei Decharge mussen erfüllen.

Donieft erlaabt déi nei Prozedur ënner anerem elo datt d'Gemengen, d'Exploitanten vun den Dechargen, d'Entrepreneuren aus dem Bausector a Privatleit selwer Propose fir nei Sitte maache ze kënnen ouni iwwert de Plan sectoriel an d'„Commission de suivi chargée de la mise en oeuvre du plan directeur sectoriel décharges“ mussen ze fueren. Dëst vereinfacht natierlech d'Prozedur.

Wichtig ass an deem Kontext ze wëssen, datt d'Gesamtprozedur fir d'Sich no neie Site net vun anere Geneemegungsprozeduren (EIE-Prozedur, Commode-Geneemegung, Offallgeneemegung, Waassergeneemegung, ...) no de jeeweilege gesetzlechen Dispositionen, entbënn.

ad 2. Den éischten Dossier betrëfft d'Reouverture vun der Decharge Monnerech. D'Exploitatioun vum Site gouf am Oktober 2021 autoriséiert an de Site ass offiziell säit November 2021 a Betrib.

Beim zweeten Dossier handelt et sech ëm de Projet fir d'Decharge Gadderscheier (Déifferdeng) ze geneemegen. Deen Dossier ass nach an der EIE-Prozedur a kierzlech goufen déi lescht Avice vun de Verwaltungen eragereecht. No der Evaluatioun vun den Avice kann eng „conclusion motivée“ geschriwwen ginn.

Wann d'EIE-Prozedur bis ofgeschloss ass, muss de Bedreier déi entspriechend Demanden erauechen, fir d'Autorisationen ze kréien, déi no de gesetzleche Bestëmmungen, déi applikabel sinn, ugefrot mussen ginn.

ad 3. Nee. Dozou ginn et keng Informatiounen.

**Question 5553** (24.01.2022) de **M. Gusty Graas** (*DP*) concernant le **fauchage de haies longeant l'A3 non autorisé** :

Pour des raisons de sécurité et dans l'intérêt de la migration des animaux, des travaux d'entretien sont régulièrement exécutés le long du réseau des autoroutes. Il me revient que fin décembre 2021 un fauchage de trois bosquets de haies longeant l'A3 non autorisé a été réalisé sur ordre de l'Administration des ponts et chaussées. Il s'agissait de haies plantées par une commune sur son propre territoire.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Est-ce que Monsieur le Ministre peut confirmer les faits relatés ?

2) Dans l'affirmative, quelles sont les raisons pour cet incident ?

3) Est-ce que les haies seront remplacées dans les meilleurs délais et à charge de l'État ?

4) Est-ce que des incidents similaires se sont déjà produits ?

5) Avant le commencement de tels travaux, ne faudrait-il pas analyser la situation de la propriété des parcelles cadastrales concernées ?

**Réponse** (14.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1) + 2) Les mesures d'entretien des dépendances vertes du réseau autoroutier sont principa-

lement motivées par les enjeux de sécurité routière. Dans le cas particulier relevé par l'honorable Député, il s'agit d'assurer le contrôle régulier des clôtures longeant le réseau autoroutier, dans le but de pouvoir effectuer d'éventuelles réparations afin d'éviter la traversée incontrôlée de l'autoroute par des animaux.

En général, l'entreprise chargée de ces travaux a la consigne de tailler la végétation sur une largeur de 2 mètres de part et d'autre de la clôture. Dans ce cas précis, la végétation recouvrait une surface triangulaire d'une largeur maximale de 7 mètres entre la clôture et un chemin le long de l'autoroute, et vu que la surface restante donnait l'impression d'un travail inachevé, l'entreprise a pris d'elle-même l'initiative de faucher toute la surface triangulaire, ceci sans accord préalable de l'Administration des ponts et chaussées.

ad 3) Mes services sont en contact avec la commune concernée afin de remplacer les haies à charge de l'entreprise en question.

ad 4) Je n'ai pas connaissance d'incidents similaires.

ad 5) La situation de la propriété des parcelles cadastrales est toujours analysée avant d'entamer des travaux de fauchage. Dans ce cas particulier, les limites parcellaires n'étaient pas clairement visibles et l'entreprise a fauché par erreur plus que prévu.

**Question 5556** (24.01.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant le **place de stationnement automobile pour personnes handicapées** :

Mam Gesetz vum 7. Januar 2022 iwwert d'Accessibilitéit goufen eng ganz Rei Krittäre festgehalen, déi an Zukunft mussen erfüllt ginn, fir Persounen mat Handicap en Accès zu ëffentleche Plazen a Gebaier ze garantéieren.

An Zukunft mussen z. B. « au moins une place de stationnement automobile par bloc entamé de vingt places, et au-delà de cent places, [...] une place par bloc de cent places » virgesi sinn. Esou ass geséichert, dass Persounen mat Handicap speziell Parkplazen op ëffentleche Parkingen zoustinn.

Grad an de Stied ginn et awer eng Rei Gebaier, déi guer kee Parking hunn. Hei gëtt et keng Obligation, fir virun der Dier awer e puer Plaze fir Persounen mat Handicap virzegesinn. Fir Persounen mat ageschränkter Mobilitéit, kann dat e grouss Problem duerstellen.

An deem Zusammenhang wëilt ech de Ministere fir Famill an Integratioun a Sozialversécherung dës Froe stellen:

1. Bei wéi ville staatleche Gebaier, déi Servicer fir de Public ubidden, gëtt et zum aktuellen Zäitpunkt keng Parkplaz fir Persounen mat Handicap am Gebai oder direkt virun der Dier?

2. Wéi vill Parkplaze fir Persounen mat Handicap si virgesi beim Bau vun der neier Cité de la sécurité sociale?

3. Wat mécht d'Regierung, fir d'Accessibilitéit op Plazen, wou et keng Parkplaze gëtt, fir Persounen mat Handicap ze verbessern?

**Réponse commune** (08.03.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*, de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1. D'Verwaltung fir ëffentlech Bauten huet keng komplett Donnéeë iwwert d'Unzuel vu Parkplaze fir Persounen mat Handicap bei ëffentleche Gebaier, déi Servicer fir de Public ubidden; et ass och esou, dass net all ëffentlecht Gebai ee Parking ob sengem Site huet.

Grondsätzlech gi bei de Bauprojeten, wou de Staat Bauhär ass, ob Neibau oder grouss Transformatiounen, déi relevant Gesetzer zur Accessibilitéit an d'Gemengereglementer berécksiichtegt, soudass de gefuerrte Prozentsatz un Parkplaze fir Persounen mat Handicap agehale gëtt.

Ee Beispill ass de Lycée technique agricole zu Gilsdrëf, wou konform zum groussherzogleche Reglement vum 23. November 2001 « portant exécution des articles 1 et 2 de la loi du 29 mars 2001 portant sur l'accessibilité des lieux ouverts au public » 4 Parkplaze fir Persounen mat Handicap virgesi ginn. Bei der École internationale zu Déifferdeng goufen 3 Emplacementen entspriechend amenagéiert.

Hei eriwuer eraus ass et wichteg ze erwänen, dass e Gebai och dann accessibel ass, wann den ëffentlechen Transport accessibel ass, esou wéi de Wee vum Arrêt bei d'Entrée, respektiv, wann de Wee vun der Parkplaz bei d'Entrée no de Reegele vun der Accessibilitéit amenagéiert sinn.

ad 2. Déi maximal Zuel u Parkplazen an der Stad Lëtzebuerg sinn am Kader vum allgemenge

Bebauungsplang (PAG) an de jeeweilegen Deelbebauungspläng (PAP) définéiert.

Domadder leet d'Stad och indirekt d'Unzuel vu Parkplaze fir Persounen mat Handicap fest, déi e gewësse Pourcentage vum Total vun de Plazen ausmaache mussen.

Déi urbanistesche Grondlage vum Projet vun der Cité de la sécurité sociale sinn am entspriechenden Deelbebauungsplang festgehalen.

Dësen Deelbebauungsplang gouf an Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg ausgeschafft an ass de 27. November 2017 vum Inneminister approuvéiert ginn.

E Maximum vun enger Parkplaz pro 175 m² Surface construite brute si virgesinn, a pro 50 Parkplaze muss eng Plaz fir Persounen à mobilité réduite (PMR) reservéiert ginn. Konkreet sinn also zweemol méi Parkplaze fir PMR an dësem Deelbebauungsplang virgesi wéi et duerch d'Gesetz vum 7. Januar 2022 iwwert d'Accessibilitéit imposéiert gëtt.

Fir d'Phase 1 vun der Cité de la sécurité sociale si véier Emplacementen fir PMR ageplangt. Et handelt sech hei awer net ëm ëffentlech zougänglech Parkplazen. D'Cité de la sécurité sociale ass wuel e Gebai wat fir de Public zougänglech ass, mee d'Stad Lëtzebuerg huet der Cité keng ëffentlech Plazen zougesprach. D'Konzept vun dëser Cité baséiert drop, dat d'Persounen, déi an d'Gebai kommen, den ëffentlechen Transport benotzen.

Doriwwer eraus bestinn an der direkter Ëmgéigend vun der Cité schoonn eng Rei ëffentlech Parkplaze mat dediéiert PMR-Plazen. Och si vun der Stad Lëtzebuerg weider dediéiert PMR-Plaze virgesinn, zum Beispill an der „rue du Commerce“, déi direkt un der Cité ugrenzt.

ad 3. D'Gesetz vum 7. Januar 2022 iwwer d'Accessibilitéit vun den ëffentleche Gebaier a Plaze gesäit net nëmmen Accessibilitéitsnorme vir, fir de Fall, dass eng Persoun mat engem Handicap sech mam Auto bei e Gebai déplacéiert, mee och wa se ze Fouss, mam Rollstull oder mat enger anerer Hëllefsméiglechkeet, wéi Krätschen, Rollator oder Canne Blanche ënnerwee ass.

D'Zil ass et, dass een esou sécher an autonom ewéi méiglech vu baussen an en ëffentlecht Gebai kënn. (Artikel 1, Punkt 7° vum Gesetz).

Am Gesetz steet zum Beispill, dass deen Deel vum ëffentleche Gebai, wou de Service ugebuede gëtt, esou no ewéi méiglech un der Haaptentrée muss sinn.

Ausserdeem muss een iwwert een zougängleche Wee bei d'Haaptentrée kommen an d'Accessibilitéit vun der sougenannter „chaîne de déplacement“, vun der Strooss an d'Gebai, muss garantéiert sinn. (Artikel 1, Punkt 7°, vum Gesetz). Dat gëllt souwuel fir déi nei, wéi och fir déi besteend ëffentlech Gebaier a Plazen. (Artikel 1, Punkt 7°, an Artikel 2, Alinéa 2, vum Gesetz). De Projet de règlement iwwer d'Accessibilitéit vun den ëffentleche Plazen a Weeër gesäit méi konkret vir, dass déi zougänglech Weeër, déi Accès zu der Haaptentrée bidden, signaliséiert mussen sinn. Dës Weeër mussen breet genuch sinn, esou dass eng Persoun mat engem Rollstull sech do autonom deplacéiere kann. De Buedembelag muss visuell an taktil kontrastéiert sinn oder e Repère tactil hunn, fir Leit déi sech mat enger Canne blanche deplacéieren. De Buedembelag muss haart sinn, därf net rëtscheg sinn an och keng Hindernisser hunn. E Wee mat engem Hang muss en duebelt Gelänner op béide Säiten hunn. Diere muss ee kënnen opmaachen och wann een sech mat engem Rollstull deplacéiert. Virun der Entrée vum ëffentleche Gebai muss och eng adaptéiert Signalisatioun sinn.

**Question 5577** (26.01.2022) de **M. Marc Spautz** (*CSV*) concernant la **couverture sociale des chauffeurs professionnels frontaliers travaillant pour des entreprises luxembourgeoises** :

An engem Communiqué vum 24. Januar 2022 weist den LCGB op en Neits op déi ondrobar Situatioun vun de Berufsschauffeuren hin, wat hir sozial Couverture ubelaangt. Den LCGB geheet de politesch Verantwortleche vir, sech hannert europäesche Reglementer ze verstoppem.

„Die Verordnung sieht vor, dass jeder Arbeitnehmer, der mehr als 25 % seiner Tätigkeit in seinem Wohnland ausübt, den Rechtsvorschriften dieses Landes unterliegt und somit dort sozialversicherungspflichtig ist. Diese Regelung bringt für Grenzgänger, die für luxemburgische Unternehmen als Berufskraftfahrer im internationalen Transportsektor arbeiten, große Nachteile mit sich. So besteht für diese Arbeitnehmer ständig das Risiko, von der luxemburgischen Sozialversicherung abgemeldet zu werden und jeglichen Anspruch auf luxemburgische Sozialleistungen (Kindergeld, Elternurlaub usw.) zu verlieren, und dies nur, weil eine europäische Verordnung nicht an die tägliche Realität ihres Berufs angepasst ist.“



Schonn am Oktober 2020 hat den LCGB de Minister opgefuerdert, fir bilateral Accorde mat den Nopeschläänner ofzeschléissen.

Duerfir wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir sozial Sécherheet stellen:

- Hält den Här Minister déi aktuell Situatioun vu ville Berufschaffere fir drobar?

- Steet den Här Minister a Verhandlung mat sen-gen Homologen aus den Nopeschläänner?

· Wa jo, zeechnen sech hei kuerzfristeg Accorden of? Wa jo, wéi gesinn dës aus?  
· Wann nee, firwat net?

- Wéi wëll den Här Minister sécherstellen, dass dës Mataarbechter weiderhi sozial verséichert sinn?

**Question 5637** (01.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **couverture sociale des chauffeurs professionnels frontaliers travaillant pour des entreprises luxembourgeoises** :

Duerch d'Akraafttriede vum EU-Reglement 883/2004, dat virgesäit, dass eng Persoun net méi 25 % vu senger Aarbechtssäit ausserhalb vum Land vu sengem Employeur dierf schaffen, kouw et zu grouse Veronsécherungen am Transportsecteur. D'Reglement gouf och schonn am Abrëll/Mee 2021 vum LCGB an der Fédération européenne des travailleurs des transports kritiséiert. Eng Rei Chauffeure vu Bussen a Camionen hunn hir Affiliatioun bei der CCSS duerch dëst Reglement verluer.

Elo ass et esou, dass d'Reglement awer och eng Ausnam virgesäit. Wann sech Memberstaaten nämlech entscheeden, fir ee bilateralen Accord an deem Sënn anzegoen, kënnen d'Chauffeuren am Land vum Employeur verséichert bleiwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Sozialversécherung dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro N° 3932 huet de viregte Minister erkläert:

„Lëtzebuurger Autoritéiten [haten] scho bei Akraafttriede vum Reglement 883, also viru ronn 11 Joer, Kontakt mat den Nopeschläänner opgehol, fir en Accord ze fannen, deen eng dauerhaft Léisung fir den Transportsecteur wär. Dës gouf awer vun de verschiddene Länner refuséiert. Zënterhier huet sech d'Positioun vun deene Länner och net grondleeënd geännert, ewéi d'Echangen op verschiddenen Niveauen iwwer déi lescht Joren erginn hunn.“

Steet de Minister weiderhi mat sengen Homologen a Kontakt wat een Accord zum Reglement 883/2004 ugeet a ginn hei weider Efforten an dës Richtung gemaach?

2. Wéi vill Chaufferen hunn hir Affiliatioun bei der CCSS op Grond vun dësem Reglement verluer? Konnten dës Persounen all an anere Länner nei verséichert ginn?

**Réponse** (08.03.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

Dat europäescht Reglement (CE) 883/2004 a säin Executiounsreglement (CE) 987/2009 hunn als Objet, déi verschidde Systemer vun der sozialer Sécherheet vun de Memberstaaten ze koordinéieren.

Dës Reglementer leeën d'Reegele fest, déi sech applizéiere wann ee Salarié e Lien mat verschiddene Memberstaaten huet. E fundamentale Prinzip vun dëser Koordinatioun ass, datt eng Persoun ëmmer nëmme kann ënnert eng Legislatioun vun der sozialer Sécherheet falen, also nëmme kann an engem Memberstaat affiliéiert sinn. Am Normalfall ass dat de Memberstaat an deem de Salarié senger Aarbecht nogeet, beziéungsweis seng Aktivitéit ausüübt.

Wann awer eng Persoun seng Aktivitéiten a verschiddene Memberstaaten huet, da ginn et spezifesch Dispositiounen, déi festleeën a wéi engem Memberstaat dës Persoun muss affiliéiert ginn. Dës Dispositiounen applizéieren sech och op d'Aarbechter am internationalen Transport, déi a verschiddene Memberstaate schaffen, grad ewéi och an deenen anere Secteuren.

Laut dësen Dispositiounen fält de Salarié ënnert d'Legislatioun vu sengem Wunnstaat wann en eng substanzieel Partie vu senger Aktivitéit do ausféiert (25 %-Reegel). Wann dëst net de Fall ass fält de Salarié ënnert d'Legislatioun vum Memberstaat, wou de Sëtz vu sengem Employeur ass.

De Salarié ass ab deem Moment verséichert, wou eng Decisioun geholl gouf betreffend d'Legislatioun, déi ze applizéieren ass.

Dat uewegenannten europäescht Reglement gëtt dem Wunnstaat vun der Persoun an dësem Fall eng wichteg Roll. Et ass un dësem ze analyséieren, ënnert wéi eng Legislatioun de Salarié fält. Déi zoustänneg Instanz am Wunnstaat vum Salarié informéiert dann déi aner Memberstaaten, ewéi eng Legislatioun ze applizéieren ass. Wann de Salarié also net zu Lëtzebuerg wunnt, kënnen also déi Lëtzebuurger Autoritéiten och net decidéieren ënnert wéi eng Legislatioun d'Persoun fält.

Konkreet stellt sech also d'Fro an ewéi engem Land d'Aarbechter affiliéiert ginn an net, ob si ze affiliéiere sinn. Dobäi ass och wichteg ze erwänen, datt et d'Land ass, wou d'Persoun wunnt, déi d'Decisioun hëlt, wou den Aarbechter, op Basis vun den Informatiounen, déi zur Verfügung stinn, muss affiliéiert ginn. Dës Decisiounen ginn an der Reegel séier getraff vum jeeweilege Wunndland, esou datt keng temporär Ënnerbriechung an der Affiliatioun virkënt. An alle Fäll ginn d'Persounen, falls néideg, och réckwierkend affiliéiert, esou datt an der Affiliatiounscarrière keng Ënnerbriechung entsteet.

Wat eventuell Accorden tëschent Lëtzebuerg an den Nopeschläänner ubelaangt, esou haten déi Lëtzebuurger Autoritéite scho bei Akraafttriede vum Reglement 883, also elo viru ronn zwielef Joer, Kontakt mat den Nopeschläänner opgehol, fir en Accord ze fannen, deen eng dauerhaft Léisung fir den Transportsecteur wär. Dës gouf awer vun de verschiddene Länner refuséiert. Dës Positioun vun den Nopeschläänner huet sech och iwwer déi lescht Joeren net geännert, esou datt déi aktuell Reegelen, déi an der europäescher Reglementatioun virgesi sinn, och esou applizéiert musse ginn.

Méi rezent (ufanks 2021) huet Lëtzebuerg nach eng Kéier proposéiert, fir eng sektoriell Derogatioun ze kréien op Basis vum Artikel 16 vum Reglement 883. Dës Demande gouf och an der Reunioun, déi den 31. August 2021 tëschent der belscher a Lëtzebuurger Regierung stattfonnt huet („Gäichel“) ugeschwat. Allerdéngs hunn déi dräi Nopeschläänner déi Lëtzebuurger Propos refuséiert, woubäi awer de belsche Minister, deen zoustänneg fir d'sozial Sécherheet ass, averstane war, fir zesumme mat de Länner aus der Groussregioun Echangen ze hunn, fir innerhalb vun der Groussregioun eng eventuell gemeinsam Léisung ze fannen. Dës war nämlech vum Lëtzebuurger Minister fir sozial Sécherheet op der „Gäichel“-Reunioun am August 2021 als Alternativ proposéiert ginn.

Dës gouf dunn och de betroffenen Acteuren (Patronats- a Salariatsvertreieder) schréfflech am Oktober 2021 matgedeelt. D'Echangen tëschent de betroffenen Autoritéite sinn zënterhier och weidergelaft a Lëtzebuerg wäert da kuerzfristeg eng formell Propos maachen, fir mat deenen dräi Nopeschläänner Verhandlungen opzehuelen, fir eng multilateral Konventioun auszeschaffen, déi net nëmmen den Transportsecteur vu Wueren an der Groussregioun, an eventuell och déi Haaptlogistikhuben ofdeckt, mee och den Transport vu Persounen grad esouéi och den Teletravail wat awer och schonn op europäeschem Niveau diskutéiert gëtt. Hei kënn d'Groussregioun och eng Virreideroll spillen.

**Question 5583** (26.01.2022) de **M. François Benoy** (*déi gréng*) concernant la **pollution des cours d'eau** :

Dans une interview récente, le directeur de l'Administration de la gestion de l'eau a confirmé qu'environ 150 incidents de pollution des cours d'eau ont été enregistrés au cours de l'année 2021, ce qui constitue une augmentation d'environ 50 % par rapport aux années précédentes. Selon le directeur, l'agriculture est une des principales sources des pollutions constatées en 2021. Le directeur a également noté que le nombre de personnes ayant signalé un déversement de substances polluantes dans les eaux de surface était également en hausse au cours de l'année passée.

Dans ce contexte, je me permets de poser les questions suivantes à Madame le Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Madame le Ministre peut-elle fournir des statistiques concernant le signalement de pollutions dans les cinq dernières années (ventilées par année) ?

2) Madame le Ministre dispose-t-elle de chiffres concernant les pollutions constatées au cours de cinq dernières années (ventilés par année et source de pollution) ?

3) Comment peut-on expliquer l'augmentation des pollutions des eaux de surface au Luxembourg ?

4) Quelles mesures le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable compte-t-il prendre afin d'inverser les tendances inquiétantes au niveau des pollutions de l'eau ?

5) Quelles mesures le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural a-t-il d'ores et déjà mis en place et envisage-t-il prendre dans les mois à venir afin de lutter contre des pollutions de cours d'eau provenant de l'agriculture ?

**Réponse commune** (07.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural* :

ad 1) Ci-dessous un tableau représentant les statistiques concernant le signalement de pollutions au

cours des cinq dernières années, ventilées par année :

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

Il convient de noter que les pollutions signalées au 112 sont principalement signalées par des particuliers, mais qu'aucune donnée précise n'est disponible à ce sujet. De plus, il est important d'évoquer que les statistiques reprennent uniquement des signalements où une pollution a pu être constatée par les agents de l'Administration de la gestion de l'eau (AGE). Les signalements de pollution où aucune pollution n'a été constatée ne sont pas enregistrés dans la base de données interne de l'AGE et sont donc exclus des statistiques.

ad 2) Ci-dessous un tableau représentant le nombre de pollutions enregistrées dans la base de données de l'AGE au cours des cinq dernières années, ventilées par année, ainsi qu'un tableau représentant la répartition des sources de pollutions, ventilées par année.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*.)

ad 3) Les signalements de pollutions des eaux de surface ont été plus ou moins constants sur les dernières années, au nombre d'environ 100 par année, hormis pour l'année 2021, où on peut effectivement constater une augmentation de 50 % des pollutions.

Une partie de cette augmentation peut être allouée à un événement majeur s'étant produit en 2021 : les inondations record de juillet, événement qui a conduit à au moins une dizaine de signalements de pollutions, principalement lié à des fuites de mazout.

Une autre partie de l'augmentation est due à un accroissement des pollutions constatées au niveau du secteur agricole. En général, la plupart des pollutions agricoles étaient liées à une mauvaise gestion des effluents agricoles et des ensilages. Les plus graves pollutions agricoles avaient pour cause des défaillances techniques.

Il n'est par contre pas possible de déterminer avec certitude les autres raisons de cette nette augmentation. On peut toutefois supposer, d'une part, que la pression anthropique augmente en raison de l'évolution démographique du pays et qu'il y a donc plus de pollution des cours d'eau. Il est également possible que la population soit devenue plus sensible et que la probabilité d'un signalement d'une pollution d'un cours d'eau par un particulier a augmenté.

ad 4) Le groupe d'intervention pollutions de l'AGE a augmenté son effectif en 2021, tout en permettant d'assurer une présence sur le terrain plus importante, d'assurer une investigation et un suivi plus efficace des signalements de pollutions des eaux de surface, et augmentant les contacts avec d'autres administrations ou services communaux, permettant ainsi de créer plus de liens avec les acteurs sur le terrain et les sensibiliser au signalement correct des pollutions des eaux de surface.

En outre, le Service inspection, contrôle et gestion de pollutions est en train d'être renforcé par des agents de contrôle supplémentaires, ce qui permettra d'effectuer davantage de contrôles des infrastructures liées à l'eau et de déceler d'éventuelles lacunes entre autres susceptibles de provoquer des pollutions de l'eau.

ad 5) Le volet de la protection des cours d'eau constitue un élément important, pris en compte par différents instruments découlant de la mise en œuvre de la politique agricole au Luxembourg.

Les primes liées à la surface sont toutes conditionnées à un certain nombre d'exigences réglementaires, visant également à protéger l'eau. Cette éco-conditionnalité émane d'une part du règlement grand-ducal modifié du 24 novembre 2000 concernant l'utilisation de fertilisants azotés dans l'agriculture et d'autre part du règlement grand-ducal du 1<sup>er</sup> août 2018 établissant les biotopes protégés, les habitats d'intérêt communautaire et les habitats des espèces d'intérêt communautaire pour lesquelles l'état de conservation a été évalué non favorable, et précisant les mesures de réduction, de destruction ou de détérioration y relatives. À travers ces deux règlements, l'épandage de fertilisants et l'utilisation de produits phytopharmaceutiques sont interdits jusqu'à une certaine distance des cours d'eau naturels.

De plus, via les mesures volontaires agrienvironnementales, il existe actuellement différents instruments ciblant la protection des cours d'eau, dont notamment des programmes d'extensification éligibles à toutes parcelles longeant des cours d'eau, respectivement un programme spécifique pour la mise en place de bandes culturales extensives.

La protection des cours d'eau concerne par ailleurs les installations agricoles. L'exploitation, respectivement la construction de nouveaux bâtiments, est également assujettie aux différentes lois ayant trait à l'eau, la protection de la nature et aux établissements classés.

**Question 5605** (28.01.2022) de **M. Max Hahn** et **Mme Carole Hartmann** (*DP*) concernant les **mesures de protection contre les inondations** :

No de schroen lwwerschwemmunge vum Juli 2021 hu vill betrafte Leit a Gemengen decidéiert, preventiv Mesuren ze huele fir ze évitéieren, dass et nach eng Kéier zu esou dramateschen Zeene kënt. De Waasserfong iwwerhëlt an deem Kader 75 % vun de Käschte vu Mesurë fir den Héichwaasserschutz ze verstärken. Bei grouss ugeluechte Moosssname fir ganz Uertschaften sinn et esouguer 90 %.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë si bis ewell am Ministère erakomm?

2. Wéi vill Demandë si schonn traitéiert ginn? Wéi vill Demandë stinn nach op?

3. Wéi vill Subventiounen si schonn ausbezuelt ginn? Wéi ee Montant ass an deem Kader ausbezuelt ginn?

4. Fir wéi eng Mesurë gi Subventiounen ugefrot?

5. Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, dass déi jeeweileg Mesuren eréischt ëngesat kënnen ginn, wann d'Demande fir eng Subventioun accordéiert ginn ass, an een am anere Fall net méi eligibel fir eng Subventioun ass?

6. Wann deem esou ass, ass d'Madamm Ministesch net der Meenung, dass d'Mesuren zum Schutz virun Héichwaasser esou séier wéi méiglech misste kënnen réaliséiert ginn?

**Réponse** (04.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. Zënter Mëtt Juli 2021 sinn 48 Demanden erakomm, dovun 24 vu Gemengen a 24 vu Privatleit/Promoteuren.

ad 2. Vun den 48 Demanden, déi eragereecht goufen, sinn der 15 traitéiert ginn an 33 stinn der nach op, well d'Planung mat de Gemenge respektiv de Privatleit um Terrain nach leeft (Stand: 15. Februar 2022). Vun deenen 33 Demanden, déi nach opstinn, goufen der 26 nom 18. November 2021 eragereecht.

ad 3. Zënter Mëtt Juli 2021 goufe Subsiden an Héicht vun engem Gesamtmontant vu 6.048.307 € engagéiert; ee Paiement an Héicht vun 32.202,63 € gouf zënterhier ausbezuelt.

ad 4. Et si Subsiden ugefrot gi vu Gemengen, fir Héichwaasser- a Starkreenschutzkonzepter auszeschaffen souwéi och fir lokal Schutzmoosssnamen oder de Renforcement vu bestoende Moosssnamen. Vu Privatleit si Subsiden ugefrot gi fir individuell Schutzmoosssnamen, ënnert anerem amovibel Mauersystemer, dicht Fënsteren, Dieren a Garagen-dieren.

ad 5. Dat ka confirméiert ginn an ass nozeliesen am Waassergesetz am Artikel 66 Paragraph 2) dee beseet, dass eng „approbation préalable“ vum Ministere gebraucht gëtt fir dës Projeten. Dat ass awer fir all Ausgabe vum dem FGE säit senger Grënnung am Joer 1999 de Fall.

ad 6. D'Demandë ginn esou séier wéi méiglech ofgeschafft. D'Zil ass et awer och, dass déi subventionéiert Installatiounen wirklech sënnvoll sinn.

**Question 5607** (28.01.2022) de **MM. Félix Eischen** et **Paul Galles** (*CSV*) concernant la **promotion de la mobilité hydrogène** :

Laut onsen Informatiounen soll am September eng Waasserstofftankstell zu Beetebuerg um Multimodal opgoen, sou wéi dat an der Vergaangenheet schonn op der Aire de Berchem an zu Bartreng geplangt war.

Aktuell ass Lëtzebuerg dat eenzegt Land an eiser Regioun, wat aktuell nach keng Waasserstoff-tankstell huet. Sou sinn zum Beispill an Däitschland 91 ëffentlech Tankstelle fir de Waasserstoffauto a Betrib, dovunner 9 och fir sou Bussen an LKWen. An der Schwäiz solle bis 2023 iwwer 1.000 Brennstoffzellen-LKWe fueren, dat parallel mat enger optimiséierter Tankstelleninfrastruktur. Besonnesch awer ons direkt Nopeschregioun d'Saarland huet ambitiéis Ziler: sou wëll sech d'Bundesland laangfristeg duerch d'Abannung un den europäeschen „Hydrogen Backbone“ als Zentrum vum europäeschem Waasserstoffnetz etabléieren.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:





1. Wéi setzt sech de Waasserstoff fir déi Tankstell zu Beetebuerg zesummen a puncto gréngen a groen Waasserstoff?

2. Si weider Tankstellen an Zukunft geplangt a gëtt dru geduecht, d'Autobunnstankstellen zu Lëtzebuerg och mat Waasserstofftankstellen ze equipéieren?

3. Ass et virgesinn, esou wéi am Saarland, d'Leit méi opzeklären iwwert de Waasserstoff a seng Nutzungsméiglechkeeten? Gedenkt de Minister an deemem Kontext och méi enk mam Saarland zesummenzeschaffen an Erfahrungen auszutauschen?

4. Gesäit de Minister fir sech un der Schwäiz ze orientéieren an och hei eng optimiséiert Tankstelleninfrastruktur fir LKWe mat enger Brennstoffzell ze féerden?

5. Ass an der Task Force vun der Waasserstoffstrategie och e Groupe de Travail fir d'Mobilitéit virgesinn?

**Réponse** (08.03.2022) de **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie** :

Déi honorabel Deputéiert froe Präzisioone wéi d'Regierung gedenkt de Waasserstoff am Beräich vun der Mobilitéit ze promovéieren.

Op der geplangter Tankstell zu Beetebuerg ass mat dem zukünftege Bedreier ofgemaach, datt déi aktuell beschtméiglech Zertifizéierung fir grénge Waasserstoff virgesi gëtt. Et handelt sech dobäi ëm sougenannten „GreenHydrogen“ nom Standard „CMS70“ vum TÜV-Süd, woubäi awer och een aneren europäesche Standard, dee mindestens equivalent oder besser ass, genotzt ka ginn. Op europäeschem Niveau gëtt nämlech an deemem Zesummenhang aktuell un Critère fir erneierbare Waasserstoff geschafft, déi dann och zukünfteg kënnen berécksiichtegt ginn.

Aus Grënn vun der Redundanz ass et sënnavoll, méi wéi eng Waasserstofftankstell zu Lëtzebuerg ze hunn. An deem Sënn gëtt aktuell un engem Kader geschafft, fir datt weider privat Firmen zu Lëtzebuerg Waasserstofftankstelle bedreiwe sollen. Et sief och drop higewisen datt d'europäesch Kommissioun am Juli 2021 Mindestziler fir Waasserstofftankstelle virgeschloen huet, fir datt an der ganzer europäescher Unioun een homogene Réseau un esou Tankstellen entsteet. Esou gouf proposéiert, datt bis Enn 2030 um europäeschen Transportniveau TEN-T op d'mannst all 150 Kilometer Waasserstofftankstellen an déi béid Richtungen entstoe sollen. De Fokus läit hei zwar gréisstendeels bei Camionen, mee aner Gefierer, wéi zum Beispill Autoen, sollen des Infrastruktur och benotze kënnen. Dës Zilsetzung vun 2030 weist, datt warscheinlech réischt an e puer Joer, wa virun allem déi ugekënnegt Brennstoffzellecamionen op den europäesche Stroosse benotzt ginn, déi néideg Demande no Waasserstoff fir eng flächendeckend Infrastruktur vun esou Tankstelle besteet. Dës Aschätzung gëtt vun der Kommissioun an de meeschte Memberstaate gedeelt, woubäi aner Länner guer keng verpflichtend Mindestziler fir de Waasserstoff wëllen.

Wat konkreet den H<sub>2</sub> bei Autoe betrëfft, esou sinn an Europa momentan nëmmen zwee Seriemoeller mat enger mat Waasserstoff bedriwwener Brennstoffzell fräi verfügbar. Et sinn och nëmme vereenzelt weider Modeller vun Autoen a Camionnetten ugekënnegt an eng Rei Hiersteller hu schonn annonciéiert sech voll op Elektroautoen ze konzentrieren. Europawäit ass déi reng batteriebedriwwen Elektromobilitéit weiderhin staark um Vormarsch an déi waasserstoffgedriwwen Mobilitéit bléift momentan een Nischenphenomen. Esou ware laut dem „European Alternative Fuels Observatory“ vun der europäescher Kommissioun Enn 2021 an Däitschland, wou mat 89 ëffentlech zougängleche Waasserstofftanksailen europawäit de gréisste Réseau besteet, nëmmen 3.017 waasserstoffgedriwwen Autoen a Camionnetten ugemellt.

D'Regierung gesäit awer weiderhin d'waasserstoffgedriwwen Mobilitéit als eng komplementar Technologie zur renger batteriebedriwwener Elektromobilitéit un an allebéid Technologie kënnen wichteg sinn, fir d'Klimaziler an der Mobilitéit ze erreechen. Dowéinst a wéi an den Äntwerten op d'parlamentaresch Ufroen n° 1781 an n° 1830 scho präziséiert, gi waasserstoffgedriwwen Brennstoffzellenautoen, déi genee wéi 100 % Elektroautoe keng lokal CO<sub>2</sub> Emissioun produzéieren, weiderhi bei der Acquisitioun an der selwechter Héicht mat Primme subsidiéiert. Ab dem Moment wou eng éischt Waasserstofftankstell zu Lëtzebuerg do ass, hunn d'Leit dann de fräien Technologiechoix fir hiert Gefier. Wéi hei uewendriwwer an engem méi breede Kontext erkläert, ass awer net dervun auszegoen, datt des Technologie, op d'mannst bei den normalen Autoen, europawäit eng grouss Roll spille wäert an d'Ofdeckung u Waasserstofftankstellen zu Lëtzebuerg an awer och an Europa staark ofhängeg dervu wäert si weini waasserstoffgedriwwen Camionen erauskommen an ob des sech am Vergleich zu aneren emissiounsarmen Alternativen, wéi batteriebedriwwen elektresch Camionen, wäerten duerchsetzen. Säit 2021 gëtt et och een inter-

ministeriellen Aarbechtsgrupp, deem seng Aufgab et ass, ze analyséieren wéi eng Mesuren noutwendeg si fir de Logistiksektor ze dekarboniséieren. Heirënner fällt natierlech och sech mat der Task Force vun der Waasserstoffstrategie ofzestëmmen an ze kucke wéi vill Waasserstofftankstellen iwwert déi nächst Joren zu Lëtzebuerg gebraucht ginn a wéi des Infrastruktur kann ëmgesat ginn.

Wat dat vun den honorabelen Deputéierten ernimmt Beispill vun der Schwäiz ugeet, muss ee präziséieren, datt et an deem Land eng „Schwerverkehrsabgabe“ gëtt, déi ofhängeg vun den Emissionen a vun de gefuere Kilometer vun engem Camion ass. Well waasserstoffgedriwwen Brennstoffzellecamionen an der Schwäiz vun deser Ofgab, déi bedeitend méi héich ass wéi vergläichbar Mesure aus anere Länner, befreit goufen, a lokal Stroumproduzenten den Iwwerschoss aus der Stroumproduktioun an H<sub>2</sub> ëmwandelen, hunn eng Rei Firmen ee Projet mat Waasserstoffcamionen selwer op d'Been gesat. Dese lokale Kader, deem zu deemem Projet gefouert huet, ass hei zu Lëtzebuerg an där Envergure haut nach net ëmzesetzen.

**Question 5620** (31.01.2022) de **Mmes Francine Cloener** et **Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** concernant la **situation sanitaire actuelle dans les écoles de l'enseignement fondamental** :

De Coronavirus verbreet sech aktuell mat grousser Vitesse an de Lëtzeburger Schoulen - besonnesch beträff ass d'Grondschoul. Déi Klengst a soumat och hir Enseignanten, sinn dem Virus dacks nach méi exposéiert, well den Undeel u Geimpften an de betroffenen Alterskategorie méi geréng ass.

An engem rezenten Interview gesäit den Här Minister d'Fuesvakanz als Hoffnung fir de Lycée. Dës dauert bekanntlech am aktuelle Semestersystem zwou Wochen, „a vläicht wier d'Lag duerno eng aner“, argumentéiert den Här Minister.

An deem Zesummenhang wëlle mir dem Här Educationminister des Froe stellen:

1. Sollt een net och an der Grondschoul d'Fuesvakanz verlängeren, spréch wéi am Secondaire éischter ufänken?

2. Wéi steet den Här Minister zu der Iddi, d'Schoul elo an eng verlängert Vakanz ze schécken an des am Summer, wa Schüler wéi Enseignantë present sinn, nozehuelen?

3. Am Secondaire feelen den Ament 8 % vum Personal. Wéi ass d'Situatioun am Fondamental? Géif eng Ënnerbrechung vun zwou Wochen am Februar des net verbessern, gewosst, dass d'Experten den Héichpunkt un Infektione fir ugangs Februar erwaarden?

4. Wéi steet den Här Minister zur Iddi, nieft dem Lycée, och an der Grondschoul Semesteren, ab der Rentrée 2022/2023 anzeféieren?

**Réponse** (08.03.2022) de **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** :

ad 1. - 3. Et sief drop higewisen, datt och an der Vergaangenheet eng konsequent Analys vun der Evolutioun vun den Infektionszuelen an der Gesellschaft am Allgemengen an an der Schoul am Spezifesch an erméiglecht huet, de sanitären Dispositif an de Schoulen den aktuelle Gegebenheeten unzepassen, fir esou der Verbredung vum Virus entgéintzewierken a gläichzäiteg de Presenzunterrecht esou mann wéi méiglech ze perturbéieren.

Ufank Februar konnt am Kader vun den Absencë vum Léierpersonal eng liicht Baisse constatéiert ginn, déi an der Woch vum 7. Februar 2022 signifikant méi staark prononciéiert war. Esou sinn an där Woch 16 % vun den Enseignantë manner ausgefall wéi nach Enn Januar.

Den duerchschnëttleche Pourcentage vum Léierpersonal pro Woch, dat während den dräi leschte Woche virun der Fuesvakanz krankheets- oder coronabédéngt ausgefall ass, stellt sech folgendermoossen duer:

|                     |        |
|---------------------|--------|
| Woch vum 24.01.2022 | 11,5 % |
| Woch vum 31.01.2022 | 10,5 % |
| Woch vum 07.02.2022 | 8,5 %  |

Vu déi permanent Evaluatioun vun der Entwécklung vun den Infektionszuelen, si fir den Ufank vum 2. Trimester 274 Kontrakter vun Agente verlängert an 200 Agenten nei agestallt ginn, déi d'Equipe bei der Ëmsetzung vun Differenzéierungsmesur bis de 17. Abrëll 2022 ënnerstëtzen an och temporäre Remplacementen assuréieren kënnen. Dës Agenten intervenéieren als zousätzlecht Personal zu de permanente Remplaçanten, déi den Direktiounen zanter der Rentrée zur Verfügung stinn, fir Kuerz- a Laangzäitremplacementer ze assuréieren an esou och ze hëllefen, déi covidbedéngt Ausfäll ze kompenséieren.

D'Entspannung vun der Situatioun virun der Fuesvakanz an den Ëmstand, datt d'Ofhale vum Presenzunterrecht an de Grondschoulen och bei héije Personalausfäll zu kengem Moment a Gefor war, hu géint eng Verlängerung vun der Fuesvakanz nom Virbild vum leschte Joer geschwat.

Dobäi kënn, datt aktuell an de Grondschoulen een Testdispositif en place gesat ass, deem duerch ee reegelméisseg Duerchféieren dräimol d'Woch vu Selbstschnelltester ee séiert Detektéieren vun enger eventueller Covid-19-Infektioun vun engem Member vun der Schoulcommunitéit erméiglecht. No der Detektioun vun engem positive Fall an enger Klass gëtt während enger Woch all Dag ee reforcéierten Testing fir d'Schüler an d'Léierpersonal aus der concernéierter Klass ugebueden. D'Duerchféieren vun de Selbstschnelltester gouf ab dem 3. Trimester vum Schouljoer 2020/2021 fir d'éischt an de Lëtzebuerger Grondschoulen ëmgesat an den Testdispositif gouf kontinuierlech weiterentwéckelt. Dese feste Bestanddeel vum sanitären Dispositif vun der nationaler Educatioun ass ee weesentleche Facteur fir d'Op rechterhale vum Presenzunterrecht an de Grondschoulen an huet ënnert anerem dozou bäigedroen, datt eng pandemiebedéngte Verlängerung vun der Fuesvakanz net opportun war.

ad 4. Zum Schluss vun all Trimester fannen an de Grondschoulen am Kader vun der formativer Evaluatioun Gespréicher statt, an deenen d'Schülerinnen an d'Schüler souwéi och d'Eltere reegelméisseg iwwert d'Evolutioun vun de Kanner hirer Kompetenzentwécklung informéiert ginn. Dës Gespréicher si weesentleche Bestanddeel vum Léierprozess, deem unhand vun den Erkenntnisser aus der formativer Evaluatioun de Besoin vum jeeweilige Schüler reegelméisseg ugepasst gëtt. Eenzeg zum Schluss vum Cycle ass ee certificativen Evaluationsmoment virgesinn, an deem evaluéiert gëtt, ob de Schüler d'Kompetenzen erreecht huet, fir säi Cursus scolaire am nächste Cycle weiderzeféieren oder ob hie vun engem Allongement vun der Durée vum Cycle profitéieren misst. D'Eltere ginn an d'Decisioun am Kader vun der certificativer Evaluatioun intensiv mat agebonnen an et ass deemno onëmgängelech, datt si reegelméisseg iwwert hire Kanner hir Kompetenzentwécklung informéiert ginn. Änlech verhält et sech mam Passage vum Enseignement fondamental an den Enseignement secondaire, deem iwwert de ganze Cycle 4 zesumme mat all den implizéierte Membere vun der Schoulcommunitéit preparéiert gëtt an am Kader vun deem, via déi reegelméisseg Bilansgespréicher um Enn vun all Trimester, soll séchergestallt ginn, datt d'Elteren iwwert déi néideg Informatiounen verfügen, fir eng Decisioun a puncto Orientatioun vun hirem Kand kënnen ze huelen.

Déi geréng Unzuel un Divergenzen tëscht der Decisioun vun der pedagogescher Equipe an där vun den Elteren am Kontext vum Passage vum Enseignement fondamental an den Enseignement secondaire weist, datt dat intensiiv Informéieren a Matabanne vun den Elteren no der aktueller Virgoensweis seng Friichten dréit, wat dofir schwätzt, den Trimestermodell an der Grondschoul bäizebehalen.

**Question 5624** (31.01.2022) de **M. Gusty Graas (DP)** concernant l'**empreinte environnementale du numérique** :

Dans le cadre de la transition numérique, la demande en électricité a augmenté de manière considérable ces dernières années, ce qui, au vu du mix électrique actuel, entraîne également des émissions de gaz à effet de serre non négligeables. Selon des études, l'écosystème numérique mondiale serait actuellement responsable de 2 % à 4 % des émissions globales. Dès lors, le renforcement de l'efficacité énergétique et la promotion des énergies renouvelables dans ce contexte représente une priorité essentielle au vu de l'importance croissante de ce secteur.

En France, trois lois visant à réduire l'empreinte carbone du numérique viennent d'entrer en vigueur le 1<sup>er</sup> janvier 2022. Ainsi, l'Autorité de régulation des communications électroniques et des postes (Arcep) est dorénavant chargée de la collecte de l'empreinte environnementale de tous les acteurs de l'écosystème numérique en France, tels que les opérateurs télécoms, les centres de données, les prestataires de cloud, les fabricants de terminaux (comme par exemple des smartphones), etc.

En outre, l'Arcep a également été chargée de mettre en place un « observatoire des impacts environnementaux du numérique », dont l'objectif consiste à comparer les différents acteurs entre eux, identifier des pratiques vertueuses, encourager la soutenabilité numérique et informer les utilisateurs quant aux acteurs les plus soutenables respectivement les plus pollueurs.

Par ailleurs, l'Arcep sensibilise d'ores et déjà les utilisateurs à des comportements écoresponsables à adopter pour réduire l'impact climatique du numé-

rique. Une campagne de sensibilisation a été lancée à cet effet le 11 janvier 2022.

Finalement, les opérateurs télécoms sont désormais obligés d'informer leurs clients régulièrement sur la quantité de données consommées ainsi que l'équivalent en émissions de gaz à effet de serre.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Énergie et à Monsieur le Ministre de l'Économie :

- Messieurs les Ministres sont-ils au courant de ce nouveau dispositif réglementaire français ?

- Combien d'entreprises font partie du secteur numérique au Luxembourg ? Comment la consommation d'électricité de ce secteur a-t-il évolué au fil des cinq dernières années ?

- Quelles sont les pistes que le Gouvernement entend poursuivre afin d'encourager davantage l'efficacité énergétique et le développement des énergies renouvelables auprès des entreprises du secteur numérique ?

- Une campagne de sensibilisation des utilisateurs similaire à celle de l'Arcep est-elle également prévue au Luxembourg ?

**Réponse commune** (04.03.2022) de **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie**, de **M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias**, et de **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie** :

Comme exposé dans la feuille de route « Ons Wirtschaft vu muer » du Ministère de l'Économie, la numérisation et la connectivité rendues possibles par les technologies numériques ont un potentiel considérable pour rendre les produits, les processus, notamment industriels, et les services plus durables et circulaires. Elles permettent de surveiller et de protéger l'environnement en découplant les émissions et la consommation de ressources des activités économiques, ou encore d'optimiser la manière dont est utilisée l'énergie. Il existe un certain nombre de projets industriels et logistiques dans ces domaines au Luxembourg, lesquels vont de la fabrication additive 3D numérique, économe en ressources, à l'utilisation de technologies spatiales innovantes pour surveiller l'environnement, en passant par la Luxembourg Circularity Dataset Initiative et le Product Circularity Data Sheet (www.pcds.lu).

Néanmoins, comme le met également en avant « Ons Wirtschaft vu muer », les impacts environnementaux directs et indirects liés à l'utilisation croissante du numérique sont parfois sous-estimés, notamment à cause d'une forme de quasi-invisibilité des appareils numériques et infrastructures associées qui consomment pourtant de l'énergie. L'accélération des investissements dans les technologies numériques a effectivement entraîné une augmentation de l'empreinte carbone des secteurs numérisés. D'après les analyses de The Shift Project dans leur rapport « Lean ICT: Towards Digital Sobriety », l'empreinte carbone directe du numérique au niveau global augmente de 9 % chaque année et l'intensité énergétique du secteur des TIC augmente de 4 % par an. La forte augmentation de l'utilisation de la vidéo (vidéoconférences, streaming...) et l'augmentation de la consommation et du renouvellement d'équipements numériques semblent être principalement à l'origine de cette inflation. Aujourd'hui, quelque 10 % de l'énergie de la planète serait consommée par les besoins énergétiques du cloud et de l'infrastructure des technologies de l'information et de la communication.

Selon les données du Statec, en 2019, le Luxembourg comptait 2.655 entreprises actives dans le secteur de l'information et de la communication, avec une croissance nette de +417 entreprises (+19 %) entre 2015-2019. Ce secteur représentait 6,1 % de la population totale des entreprises en 2015 au Luxembourg et 6,5 % en 2019 (hausse de +0,4 pp)<sup>1</sup>. La consommation en électricité de ce secteur a augmenté de 225.879.561 kWh en 2015 à 286.979.962 kWh en 2019 (+27 % entre 2015-2019), comme illustré dans le graphique ci-après.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Pour le Luxembourg, une croissance rapide de l'environnement numérique dans tous les secteurs stratégiques clés de l'économie luxembourgeoise est anticipée et sera donc susceptible d'entraîner une augmentation de l'empreinte environnementale. Dans ce contexte, il est d'ores et déjà prévu, notamment dans la feuille de route « Ons Wirtschaft vu muer » du Ministère de l'Économie de

<sup>1</sup> Concernant les chiffres en relation avec la l'économie digitale, il est à noter que la digitalisation se matérialise en concept transversal, impactant l'ensemble des secteurs de l'économie. De manière plus granulaire, le Statec établit des chiffres pour les entreprises dont l'information et la communication constituent l'activité principale (NACE 58-63).

[https://statistiques.public.lu/stat/TableViewer/tableView.aspx?ReportId=13299&IF\\_Language=fra&MainTheme=4&FldrName=1&RFPPath=10835%2c13845](https://statistiques.public.lu/stat/TableViewer/tableView.aspx?ReportId=13299&IF_Language=fra&MainTheme=4&FldrName=1&RFPPath=10835%2c13845)





prendre les mesures nécessaires pour assurer une transition digitale équitable et durable, ouvrant également de nouvelles opportunités pour l'industrie et ses secteurs de support. Les initiatives portant sur une numérisation durable et énoncées dans la feuille de route concernent notamment :

- le soutien à des projets pilotes pour l'optimisation des consommations énergétiques des datacenter/centres de données (utilisation de la chaleur résiduelle, immersion cooling...) afin de refléter les ambitions environnementales à consommation d'énergie réduite ;

- le soutien au développement d'outils numériques permettant d'évaluer plus précisément l'impact environnemental des infrastructures numériques ;

- le soutien à des initiatives « lean data », qui mettent en œuvre des solutions intelligentes pour réduire les flux et le stockage de données inutiles et les impacts énergétiques qui y sont liés, ceci en conservant juste les ressources nécessaires.

L'exemple du supercalculateur luxembourgeois MeluXina montre que le numérique peut aller de pair avec la durabilité. En effet, le calculateur de haute performance MeluXina a été classé comme le troisième plus écologique de l'UE et le neuvième plus écologique du monde selon le plus récent classement « Green 500 » de l'organisation « Top 500 The List » qui publie des classements des superordinateurs. MeluXina est doté d'une efficacité énergétique exceptionnelle : le supercalculateur et ses systèmes sont refroidis par eau, ce qui supprime les coûts d'exploitation élevés des systèmes refroidis par air et, parallèlement, réduit l'empreinte énergétique. Il s'appuie en outre sur des processeurs de dernière génération pour atteindre une efficacité remarquable en termes de rapport performance/consommation d'énergie de 26,957 gigaflops par watt.

Un autre exemple parlant est celui du centre des données de LuxConnect à Bissen alimenté en énergie verte par la centrale de cogénération Kiowatt. Grâce à une joint-venture entre LuxConnect et Lux-Energie, l'opérateur d'infrastructures de cogénération, le centre de données de Bissen constitue un pas important vers une politique d'approvisionnement en énergie des infrastructures digitales à empreinte carbone basse, voire nulle. Le concept énergétique intégré du site de Bissen repose sur le bois recyclé (forêts, meubles, industrie, etc.) qui alimente la centrale de cogénération de Kiowatt. Toutes les formes d'énergie produites par la cogénération, c'est-à-dire l'électricité, la chaleur et la vapeur, entrent dans le processus d'exploitation du centre de données de LuxConnect, réduisant ainsi les émissions totales de CO<sub>2</sub> du Luxembourg d'environ 27.000 tonnes/an.

Afin d'encourager l'efficacité énergétique et le développement des énergies renouvelables, les entreprises du secteur du numérique, tout comme celles d'autres secteurs d'activité peuvent bénéficier des aides à la protection de l'environnement du Ministère de l'Économie qui s'appliquent notamment pour des investissements en faveur de mesures d'efficacité énergétique, dans la cogénération, dans l'énergie produite à partir de sources renouvelables ou bien dans des réseaux de chaleur et de froid. Le détail des aides disponibles et leurs taux peuvent être consultés sur guichet.lu ([https://guichet.public.lu/fr/entreprises/financement-aides/aides-environnement/industriehttps://guichet.public.lu/fr/entreprises/financement-aides/aides-environnement/industrie-services/aide-protec-environnement.html](https://guichet.public.lu/fr/entreprises/financement-aides/aides-environnement/industriehttps://guichet.public.lu/fr/entreprises/financement-aides/aides-environnement/industrie-services/aide-protec-environnement.htmlservices/aide-protec-environnement.html)).

Concernant les nouvelles lois françaises entrées en vigueur au 1<sup>er</sup> janvier 2022, visant à réduire l'empreinte carbone du numérique, des mesures similaires sont en cours de négociation au niveau européen dans le cadre de la révision de la directive européenne sur l'efficacité énergétique (EED - Energy Efficiency Directive), où sont notamment prévus :

- un monitoring obligatoire avec publication des données de la performance énergétique des centres de données significatifs ;

- une analyse des coûts et bénéfices, ou un audit énergétique identifiant et évaluant l'utilisation de la chaleur fatale des centres de données (dont l'énergie consommée dépasse 1 MW) dans des réseaux de chaleur ;

- l'habilitation de la Commission européenne à adopter des actes délégués en vue d'évaluer la durabilité des centres de données.

Le Luxembourg soutient non seulement ces mesures, mais s'investit également auprès de la Commission, dans le cadre des négociations de la révision de l'EED, afin que les critères et exigences minimales définies dans le cadre de la directive reflètent un niveau d'ambition suffisant pour inciter les opérateurs des centres de données à améliorer encore leur performance énergétique ; le Luxembourg transposera, le cas échéant, ces mesures après adoption de la révision de la directive.

**Question 5634** (13.01.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **fonctionnarisation des chargés de cours dans l'enseignement secondaire** :

Et gëtt a ville Schoulen am Land säit Laangem e Personalmangel, dee just duerch Astellung vum Chargé ka gedeckt ginn. Ursprénglech war d'Konzept vun de Chargéen esou geduecht, dass dës just temporär sollten an de Schoulen intervenéieren, wann et zu Enkpäss kéim, mee mëttlerweil si si feste Bestanddeel vun der Schoullandschaft. Trotzdem sinn hir Aarbechtskonditiounen awer nach net déi selwecht, wéi déi vun de fonctionnariséierte Jofferen a Schoulmeeschteren. Vill Chargé verbréngen hir ganz Karriär an der Schoul, ouni jeemoos vum Statut vum Employé de l'État zum Fonctionnaire wiesselen ze kënnen. Dobäi mussen si méi Stonne pro Woch schaffen a gi manner héich bezuelt wéi Jofferen a Schoulmeeschteren, obwuel si déi selwecht Aarbecht leeschten an am Secondaire och dee selwechten Diplom hunn.

Fir dës Ongläichheete mëttelfristeg opzehiewen, goufen tëscht dem Bildungsministère an den Intressevertreider och schonns an der Vergaangenheet Diskussiounen iwwert d'Méiglechkeet vun der Fonctionnarisation vun Chargéen, déi iwwert zéng Joer Berufserfahrung hunn, gefeuert.

Bis elo ass de Wee fir d'Fonctionnarisation fir d'Chargéen awer nach net op.

An deem Zesammenhang wëilt ech dem Minister fir Bildung dës Froe stellen:

1. Wou sinn d'Aarbechten un enger Pist fir d'Fonctionnarisation vun de Chargéen aus dem Secondaire aktuell drun?

Wéini wäerten dës Aarbechten ofgeschloss sinn an d'Fonctionnarisation opstoen?

2. Ass geplangt, och eng Pist fir d'Fonctionnarisation vun de Chargéen aus dem Fundamental auszeschaffen

Falls jo, wéini sollen dës Aarbechten ofgeschloss sinn an d'Fonctionnarisation opstoen?

**Réponse commune** (08.03.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*, et de **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique* :

ad 1. Den 1. Oktober 2021 gouf de Gesetzesprojet 7894 an der Chamber deposéiert. Dëse Projet gesäit nieft enger Upassung vun der Organisation vum Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN) och vir, d'Dispositionne vum groussherzogleche Règlement vum 29. August 2017 iwwert d'Fonctionnarisation vun den Employéen aus dem Sous-groupe Enseignement (Chargéen) an dëse Gesetzestext ze integréieren. Dëse Projet gouf de 7. Oktober 2021 un déi zoustänneg Chamberkommission weidergereecht an den 8. Oktober huet d'Chambre des fonctionnaires et employés publics, sou wéi den 1. Februar 2022 de Conseil d'État, hiren Avis dozou ofginn.

Schonns de 7. August 2020 gouf de Staatsrot mam Projet vun engem groussherzogleche Règlement saiséiert, deem d'Règlement vum 29. August 2017 modifizéiere sollt. Ënnert anerem sollt hei d'Fonctionnarisation fir déi nei geschafte Centres de compétences, souwéi den Institut étatique d'aide à l'enfance et à la Jeunesse an de Centre socio-éducatif de l'État opgemaach ginn. Allerdéngs huet de Staatsrot a sengem Avis 60332 vum 23. Februar 2021 drop opmierksam gemaach, datt verschidden Dispositionne risquéieren, net konform zum Artikel 5 vun der Verfassung ze sinn. Doropshi gouf decidéiert, deem Rechnung ze droen an de Contenu an de Gesetzesprojet 7894 opzehuelen.

Et sief drop higewisen, datt op Basis vum groussherzogleche Règlement vum 29. August 2017 schonn eng Partie Employéen aus dem Enseignement secondaire fonctionnariséiert goufen.

ad 2. Am Enseignement fondamental gi momentan ënnert dem Regime vum Employé exklusiv just Quereinsteiger rekrutéiert. Dës Enseignantë kënnen sech no enger Formation en cours d'emploi vun 246 Stonnen um IFEN an enger praktescher Formation dem Concours de Recrutement stellen an iwwert dëse Wee schonn no engem Joer an de Stage vum Fonctionnaire kommen.

**Question 5636** (31.01.2022) de **MM. Mars Di Bartolomeo** et **Yves Cruchten** (LSAP) concernant les **retards dans le domaine de la construction** :

Régulièrement, les différentes administrations tant nationales que communales, se voient confrontées aux reproches de la part d'initiateurs de projets de construction destinés à l'habitation que ceux-ci sont retardés voire bloqués pendant des délais excessivement longs.

Sont mises en cause des procédures compliquées ou des blocages de la part d'administrations publiques dus à des oppositions privées.

- Nous voudrions dès lors savoir de Monsieur le Ministre du Logement s'il dispose d'un état des lieux sur les projets de logement destinés à l'habitation dans les différentes communes.

- Est-ce qu'il dispose d'une vue d'ensemble sur le cheminement de ces projets ?

- Est-ce qu'il peut confirmer que certains projets évoluent d'une manière excessivement longue respectivement sont bloqués ?

- Dans l'affirmative, quelles sont les raisons de ces retards ou blocages ?

- Dans la négative, Monsieur le Ministre n'estime-t-il pas qu'il faudrait disposer d'un monitoring sur l'évolution des différents projets ?

**Réponse** (04.03.2022) de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur* :

Les services du Ministère de l'Intérieur ne disposent actuellement pas d'un état des lieux sur les projets de logements destinés à l'habitation dans les différentes communes.

En effet, l'état d'avancement des différents projets suppose notamment un suivi des autorisations de construire délivrées aux promoteurs privés et publics, suivi auquel le Ministère de l'Intérieur n'a pas accès.

La constitution d'un monitoring relatif au suivi de l'évolution des prédicts projets peut être une piste de réflexion pour l'avenir.

La mise en place d'un tel suivi implique cependant un accès à tous les actes administratifs relatifs à l'exécution des projets de construction de logements.

**Question 5644** (01.02.2022) de **MM. Fernand Kartheiser** et **Roy Reding** (*ADR*) concernant l'impact **de l'utilisation des « cookies » sur la protection des données** :

Leit, déi am Internet fir d'éischte Kéier ee bestëmmte Site uklicken, ginn oft mat Pop-up-Fënstere konfrontéiert, déi vun der betreffender Persoun eng Zoustëmmung zum Placéiere vu Cookies erfuuerderen. Just ee klengen Deel vun de Leit wëssen awer, datt si mat hirer Zoustëmmung Drëtubidder een ëmfaassenden Aktivitéitstracing erméiglechen an datt Cookien empfindlech perséinlech Donnéeë vun Internetbenotzer späichere kënnen. Obscho Cookië legal an technesch noutwenneg sinn, gesi Konsumenten- an Dateschützer dës Fichieren dowéinst mat gemëschte Gefillern.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un den Här Minister fir Medien an Digitalisation:

1. Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt den Asaz vu Cookien op europäeschem Plang misst reglementéiert ginn, fir d'Internetbenotzer virun der Publicitéitsindustrie ze beschützen?

2. Geet den Här Minister dervun aus, datt et iergendswann misst méiglech sinn, bezuelbar Abonnementer ze ersetzen?

3. Wat hält den Här Minister dervun, Cookië progressiv ganz ofzeschaffen?

**Réponse** (08.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias, Ministre de la Digitalisation* :

ad 1. Déi aktuell Gesetzgebung fir „Cookien“ baséiert op zwee Instrumenter: e spezifesch Kader, d'Direktiv 2002/58/EC, bekannt als „directive vie privée et communications électroniques“ (oder „ePrivacy“ op Englesch), wéi ofgeännert, déi an déi lëtzebuergesch Gesetzgebung duerch dat geännert Gesetz vum 30. Mee 2005 iwwer de Schutz vun der Privatsphär am elektronesch Kommunikatiounssektor transposéiert gouf, an dem allgemenge Kader fir de Schutz vu perséinlechen Donnéeën, spréich dem Règlement (EU) 2016/679, bekannt als „Règlement général sur la protection des données“ („RGPD“).

Dës Artikulation tëscht deenen zwee Instrumenter mécht et, wéi déi national Dateschutz Kommission („CNPd“) eis matdeelt, fir déi betrafte Kontrollautoritéit schwéier, d'Konformitéit duerchzusetzen. Fir d'Bierger an d'Bedreiwer vu Websäiten an Applicatiounen zeënnerstëtzen, huet d'CNPd Richtlinnen iwwer Cookien an aner Traceren<sup>2</sup>, souwéi eng Fiche pratique zu dësem Theema<sup>3</sup>, publizéiert.

Ausserdeem kann ënnerstrach ginn, datt d'ePrivacy-Direktiv heteroogen an de Memberstaaten vun der Europäescher Unioun („EU“) transposéiert gouf. Fir déi technologesch Entwécklungen zënter der leschter Ännerung vun der ePrivacy-Direktiv ze berücksichtegen, fir d'Harmoniséierung vun dëse Reegelen bannent der EU ze verbessern a fir d'Regelen vum RGPD zeergänzen, wier et ganz wichteg eng europäesch Léisung ze fannen. D'Europäesch

Kommissioun huet en ePrivacy-Reglement proposéiert. Leider sinn d'Verhandlungen nach net ofgeschloss. Dëst Reglement soll d'Benotze vu Cookien, a méi breet den Technologien, déi fir den Tracking an de Profiling fir den Zweck vu personaliséierte Reklamme benotzt ginn, reguléieren.

ad 2. Et ass enger Websäit och am Ament scho méiglech, den Zougang zu sengem Inhalt duerch Abonnementer ze monetiséieren. Laut der CNPD, dierft d'Bezuelung fir den Zougang awer net de Refus fir d'Benotzung vu Cookien ersetzen (bekannt als „cookie walls“), déi fir den fir Tracking / de Profiling benotzt ginn. An esou engem Fall kann d'Zoustëmmung vum Benotzer, laut RGPD, net als „fräi“ ugesi ginn. Eng Analyse vun all Eenzelfall ass noutwenneg, fir d'Legalitéit vun esou Systemer ze bewäerten.

D'Benotze vun dëse „cookie walls“ ass ee vun de Punkten, déi an de Verhandlungen vum proposéierte ePrivacy-Reglement diskutéiert ginn.

ad 3. Et muss en Ënnerscheid tëscht zwou Zorte vu Cookië gemaach ginn: „essentiel“ Cookien, ouni déi verschidde Websäiten net funktionéiere kënnen (zum Beispill, e Cookie, deem onbedéngt fir de Fournisseur néideg ass, fir e Service unzebidden, deem ausdrécklech vum Abonnéierten oder Benotzer gefrot gouf), a Cookien, déi fir Tracking, Profiling oder Reklammswecker benotzt ginn (zum Beispill, e Cookie, dee fir Verhalenssiwwerwaachungszwecker op der Terminalausrüstung deposéiert ass, nodeems déi erfuorderlech Informatiounen geliwwert goufen).

Déi éischt sollen „ausschléisslech d'Transmission vum enger Kommunikatioun iwwer en elektronesch Kommunikationsnetzwerk“ oder sinn „onbedéngt néideg, fir datt de Provider en Informationsgesellschaftsservice, deem ausdrécklech vum Abonnéierten oder Benotzer gefrot gouf, kann ausféieren“<sup>4</sup>.

Et sief bemierkt, datt et fir déi zweet Zort vu Cookien lues a lues nei Technologien a Methoden fir déi selwecht Zwecker gëtt. Dës Aspekter ginn och am Kontext vun de Verhandlungen vun der ePrivacy-Reglementpropositioun diskutéiert.

**Question 5645** (01.02.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant la **somation de paiement envers les employeurs de l'Horeca** :

Nodeems si schonns am Dezember 2021 een „avis aux employeurs et non-salariés du secteur Horeca concernant les retards de paiement des cotisations sociales“ geschéckt hat, huet d'CCSS de 6. Januar 2022 eng „sommation de paiement“ un d'Betriber aus dem Horeca-Sektor geschéckt, onofhängeg dovun, datt de Januar fir d'Betriber aus dëser Branche een denkbar ongënschtege Mount ass, wat d'Bezuele vun dëse Cotisations ungeet. Dofir leiden d'Restaurateuren lo ënnert enger duebeler Laascht: Si müssen hir Sozialbäiträg bezuelen a versichen, trotz de strenge Coronaoplage vun der Regierung iwwert d'Ronnen ze kommen.

An dësem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister fir sozial Sécherheet:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt dës „sommation de paiement“ un all d'Betriber aus dem Horeca-Sektor geschéckt gouf? Wéi vill Leit hunn dës Brëif insgesamt kritt? Hunn och Betriber aus anere Secteuren dës Brëif kritt?

2. Firwat ass dës „sommation de paiement“ grad am Januar un d'Betriber geschéckt ginn? Wier et net méiglech gewëscht, nach een, zwee Méint domat ze waarden?

3. D'Situatioun vun de Restaurateuren ass och doduerch net einfach, well si am Onklore gelooss ginn, wéi et nom 28. Februar weidergeet am Gastro-nomiesektor, am Géigesaz zu Frankräich, wou de Premier Jean Castex virun e puer Deeg ugekënnegt huet, datt am Februar d'Restriktiounen am Gastro-nomiesektor opgehewe ginn. Kann den Här Minister eis Informatiounen ginn, wéi et nom Auslafe vum aktuelle Covidgesetz weidergoe wäert am Horeca-Sektor, wëssend, datt d'Iwwerliewe vu ville Betriber ganz staark vun enger fristgerechter Organisatioun a Planung ofhänkt? Wann nee: Aus wéi enge Grënn ass et net méiglech, de Betriber elo scho Gewëssheet ze ginn, wourop si sech nom 28. Februar anzestellen hunn?

**Réponse** (04.03.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

An engem Brëif, deem am Dezember 2021 vum Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) un d'Betriber am Horeca-Sektor, déi eng gréisser Dette vis-à-vis dem CCSS hunn, geschéckt gouf, goufen dës iwwer hir Paiementer a puncto Sozialkottistatiounen informéiert an och, datt am Januar 2022 d'Prozedur vum Recouvrement vum Sektuer erëm géif entaméiert ginn, déi bis Enn Dezember

<sup>2</sup> <https://cnpd.public.lu/fr/dossiers-thematiques/cookies.html>

<sup>3</sup> <https://cnpd.public.lu/fr/actualites/national/2022/01/fiche-pratique-cookies.html>

<sup>4</sup> cf. Artikel 4 Paragraf 3, ënner e) vum uewe genannte geännerte Gesetz vum 30. Mee 2005, fréi aus dem Franséischen iwwersat.





2021 suspendéiert gouf. Am ganze krute 624 Betriber dëse Bréif.

Op Basis vun enger Decisioun vum Verwaltungsrot vum CCSS vum 25. November 2021 ass am Januar 2022 den Horeca-Secteur erëm an d'Prozedur vum Recouvrement forcé opgeholl ginn. An deem Kontext si 581 Bréiwer verschéckt ginn a Form vu „sommation de paiement“. D'Betriber aus dem Horeca-Secteur sinn invitéiert ginn, bis Juni 2022 op d'mannst hir lafend Beiträg ze bezuelen, an ab Juli 2022 och déi bestoend Schold zeréckzebezuele mat engem Plan de paiement.

Mat där Measure huet den CCSS dem Secteur erlaabt d'Bezuele vun hire Beiträg, déi nach ëmmer geschëlt waren, iwwer eng gestreckt Period opzehuelen, fir eng weider Accumulation vun den Detten ze vermeiden. Dobäi kënn, datt d'Betriber, déi ab Januar 2022 e Plan de paiement beim CCSS hunn an anhalen, keng Intérêts moratoires verrechent kréien. Eng méi spéit Relance vum Recouvrement hätt d'Betriber aus dem Horeca-Secteur deemno zousätzlech belaaucht.

Fir all aner Secteure war de Recouvrement vun de Cotisatione just tëschent Mäerz an Oktober 2020 ausgesat. Ausschiisslech den Horeca-Secteur huet deemno vun enger exzeptioneller Ausnameregelung profitéiert bis Enn Dezember 2021. Dobäi kënn, datt de Staat eng Rei Mesuren en place gesat hat, déi zum Deel nach ëmmer gräifen, fir d'Betriber finanziell ze ënnerstëtzen.

**Question 5654** (02.02.2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV) concernant l'**acquisition des terrains nécessaires pour la construction du Nordstad-Lycée** :

2007 huet den Nordstad-Lycée (NOSL) seng Dieren an engem Containergebai zu Dikrech opgemaach. D'Containere sollte just e Provisorium sinn. Mee haut, 15 Joer méi spéit, setzen d'Schüler nach ëmmer a Containeren, op dräi verschiddene Plazen.

De Gesetzesprojet 7657 fir de Bau vum Nordstad-Lycée zu lerpeldeng un der Sauer gouf den 19. Januar 2021 vun der Chamber gestëmmt. Déi entspriechend Terraine sinn awer nach net am Besëtz vum Staat. Laut engem Zeitungsartikel vum 29. Januar 2022 wieren d'Propriétaires bereet ze verkafen, awer zu engem ugemooessene Präis. Dës Fuerderung gëtt vu Säite vum Schäfferot ënnerstëtzt.

An deem Kontext wëlt ech folgend Froen un den Här Minister fir ëffentlech Baute stellen:

1. A wéi engem Mooss ass den Här Minister bereet, op d'Fuerderung vun de Propriétaires vun den Terrainen anzegoen an iwwer de Präis ze diskutéieren?

2. Plangt den Här Minister, am Extreemfall eng Enteenungsprozedur ze declenchéieren, wëssend, dass déi duerch d'„utilité publique“ vum Projet méi einfach duerchzesetze wier?

3. Wa jo, wéini an zu wéi engem Präis?

**Réponse commune** (08.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

ad 1. No éischten Negociatione mat de Propriétaires vun den Terrainen am Joer 2015, déi ouni Accord bliwwen sinn, ass méttlerweil eng adaptéiert Offer un d'Propriétaires geschéckt ginn. Dës Offer ass weesentlech méi héich wéi déi, déi 2015 an den éischten Negociatione proposéiert gouf a spigelt nieft der Präisevolution vun den Terrainen och d'Bereetschaft erëm, op d'Fuerderunge vun de Propriétaires anzegoen.

ad 2. Eng Enteenungsprozedur kann am Extreemfall net ausgeschloss ginn, awer nëmmen dann, wa keen Accord mat de Propriétaires ka fonnt ginn. Et besteet aktuell nach d'Hoffnung, dass een sech op Basis vun der adaptéierter Offer kann eens gi mat de Propriétaires an esou eng Enteenungsprozedur net muss a Betruecht geholl ginn.

Den Artikel 16 vun eiser Constitution gesäit vir, dass d'„utilité publique“ deen eenzege Grond fir eng Enteenung duerstellt.<sup>5</sup> D'„utilité publique“ vereinfacht also net eng Enteenungsprozedur, mee stellt d'Konditioun fir hir Legitimitéit duer.

ad 3. Wéi schnell erwänt, gëtt eng Enteenungsprozedur eréischt consideréiert am Fall, wou en Accord mat de Propriétaires net fonnt ka ginn.

Wichtig ass et ze erwänen, dass een doriwwer eraus och während deenen éischten Etappen, déi als Virbereedung op déi eigentlech Enteenungsprozedur virum Bezierksgericht gëllen, nach zu all Moment zu engem Accord komme këint an esou d'Prozedur erëm kéint fale gelooss ginn.

De Präis géif am Fall vun enger Enteenungsprozedur vum Geriicht festgeluecht ginn, nodeems dës eng Expertis ugefuerdert huet.

**Question 5657** (02.02.2022) de **M. Carlo Weber** (LSAP) concernant le **contrôle du trafic de transit** :

Den Ament gëtt den Transitverkéier vu Camionen op den ëffentleche Stroossen duerch e groussherzoglecht Reglement vum 5. Mee 1994 limitéiert. Trotz dem Reglement klëmmt d'Zuel vun de Camionen an den Uertschaften an op de Landstroossen. Och wann dat zum Deel domat ze begrënnen ass, dass et nei Industriezonen a Logistikzentere gëtt, déi erreecht mussen ginn, sou ass net auszeschléissen, dass de genannte Reglement zum Deel net respektéiert gëtt. An deem Fall ginn d'Uertschaften zousätzlech duerch Camion belaaucht, wat sech souwuel op d'Ëmwelt wéi och de Kaméidi auswierkt.

An deem Zesummenhang wëll ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kontrolle goufen an deem Kontext d'lescht Joer gemaach?

2. Wéi vill Verstéiss vu Camionen, déi vun der Autobunn ofgefuert sinn, obwuel se am Transit waren, si bei deene Kontrolle festgestallt ginn?

3. Wéi ass d'Entwécklung vun der Zuel vun de Kontrollen a vun de Verstéiss iwwert déi lescht fënnef Joer?

4. Wéi héich ass de Montant vu Sanktiounen, déi an de leschte fënnef Joer ausgesprach goufen?

**Réponse** (18.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1. Déi informatesch Statistikprogrammer vun der Police erlaben et net, spezifesch op deen doten Typ vu Verkéierskontrollen ze filteren.

ad 2. Am Joer 2021 goufen 276 Verstéiss géint d'Transitbestëmmunge vun der Police sanktionéiert.

ad 3. D'Police ass kontinuierlech bestriift, am Beräich vum Transitverkéier Kontrollen duerchzeféieren, an zwar am Rhythmus vun zwou bis dräi Kontrolle pro Woch, verdeelt op allen Transitstrecken am Land. Des Weidere ginn op deene selwechten Transitstrecken och e puermol am Joer gréisser Kontrollen organiséiert. Wann een d'Zuel vun de sanktionéierte Verstéiss géint d'Transitbestëmmunge vun deene leschte fënnef Joer kuckt (cf. Tableau hei ënnendrënner), stellt ee fest, datt déi zeréckgaange sinn. Heibäi huet d'Police dann och festgestallt, datt d'Zuel vu konstatéierte Verstéiss a kengem Verhältnis zum tatsächleche Camiontrafic op deene jeeweilegen Transitstrecke steet. Et muss een nämlech berécksiichtegen, dat de Gros vun de Camionen, déi sech ausserhalb vun den Transitstrecke befannen, net automatesch géint d'Transitbestëmmunge verstoussen. Vill vun dëse Camionen fieren entweder Industriezonen un, kommen aus dem Ausland iwwert eng Nationalstrooss an d'Land eran oder müssen zum Beispill an den Hafe vu Mäertert. An dëse spezifesch Fäll verstéisst de Camionneur dann och net géint d'Transitbestëmmungen.

ad 4. De Montant vun den Avertissements taxés, déi an de leschte fënnef Joer vun der Police weinst Verstéiss géint Transitbestëmmungen agezu goufen, ass am folgenden Tableau opgelëscht:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

Well verschidde Mesuren, déi souwuel zu Lëtzebuerg wéi och am europäeschen Ausland am Kader vun der Covid19-Pandemie getraff goufen, en direkten Afloss op de Stroosseverkéier haten, sinn d'Montanten an d'Zuel vu konstatéierte Verstéiss aus de Joren 2020 an 2021 deementspreechend méi kleng ausgefall.

**Question 5662** (02.02.2022) de **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*) concernant la **pénurie de déchets pour déchets inertes** :

Selon des articles récemment publiés par la presse luxembourgeoise, il y aurait un manque important en matière de décharges pour des déchets inertes en provenance de chantiers de construction, notamment les terres d'excavation. Ainsi les entreprises de construction auraient à parcourir des trajets en camion de plus en plus longs et de plus en plus souvent même à l'étranger pour se débarrasser des terres d'excavation. Selon des estimations du Ministère de l'Environnement, les capacités des décharges actuelles pourraient être épuisées vers l'année 2026 aggravant encore davantage la pénurie en matière de décharges.

La réglementation en matière de recherche de nouveaux emplacements pour décharges pour déchets inertes est actuellement en phase de modification. Le règlement grand-ducal du 9 janvier 2006 rendant obligatoire le PSDDI de 2003 a entretemps été abrogé en vue d'un transfert des compétences en la matière au Ministère de l'Environnement. Dès l'entrée en vigueur de la réforme de la loi sur les déchets, tout nouvel emplacement d'une décharge devrait se faire uniquement sur base du Plan national de la gestion des déchets et des ressources (PNGDR) approuvé en 2018. Le règlement grand-ducal y afférent publié en date du 25 août 2021 n'est pourtant pas cité dans la loi sur les déchets actuellement en vigueur et ne semblerait donc pas avoir de base légale solide.

Parallèlement au travail modificatif à la réglementation des décharges et à la recherche de nouveaux emplacements, le Ministère de l'Environnement œuvre en direction d'une prévention des déchets dans le cadre de projets de construction. Ainsi, le Ministère a édité il y a quelques années une brochure de sensibilisation intitulée « Besser planen, weniger baggern » et destinée à tous les acteurs de la construction ayant comme objectif de réduire les quantités de déchets produits sur les chantiers pour en fin de compte faire diminuer la pression sur les décharges.

Au vu de ces évolutions et initiatives, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement :

1) Combien de décharges, remblais et carrières pour déchets inertes sont actuellement opérationnelles ? Quelles capacités ces derniers peuvent-ils absorber par jour ?

2) Quel volume de terre excavée est actuellement produit chaque jour au Luxembourg ?

3) Quelle est la base légale applicable pour la recherche de nouveaux emplacements pour décharges vu que le règlement grand-ducal de 2006 a été abrogé et que la réforme de la loi sur les déchets n'est pas encore en vigueur ?

4) Les extensions de décharges existantes ou bien le stockage de terres excavées à l'aide de remblais témoignent-ils de la volonté de Madame la Ministre d'accélérer les procédures tout en sachant que la mise en place de remblais n'est pas soumise aux mêmes procédures complexes que les décharges proprement dites ?

5) L'étude annoncée en 2016 par votre Ministère pour trouver de nouveaux emplacements pour des décharges a-t-elle été finalisée entretemps ? Dans l'affirmative, pour quand sa publication est-elle envisagée ?

6) La campagne de sensibilisation destinée à tous les acteurs de la construction visant à réduire la quantité de déchets et notamment de terres excavées a-t-elle eu un impact sur la planification des chantiers ? Dans l'affirmative, Madame la Ministre dispose-t-elle de chiffres pouvant confirmer ce constat ?

7) Dans la négative, Madame la Ministre ne considère-t-elle pas qu'il faudrait intensifier les efforts et même légiférer pour réduire le déplacement de terres excavées ? Des réflexions en ce sens ont-elles déjà été menées par vos services ?

**Réponse** (08.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1) Selon les autorisations en vigueur et les rapports annuels fournis à l'Administration de l'environnement par les exploitants, l'évolution des capacités restantes des décharges régionales pour déchets inertes de 2018 à 2020 se présente comme suit :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

Les chiffres des capacités restantes du réseau national des décharges pour déchets inertes dont dispose l'Administration de l'environnement font objet d'une actualisation et publication régulière sur la plateforme étatique des données et informations géographiques « geoportail.lu ».

Les autorisations ne limitent pas les quantités journalières pouvant être acceptées ; celles-ci sont exclusivement fixées par l'exploitant. Elles peuvent présenter de grandes fluctuations dans le temps pour diverses raisons comme p.ex. l'atteinte des volumes limites autorisés et la durée de vie de la décharge (lorsque les décharges sont sur le point d'être remplies, les capacités d'accueil quotidiennes sont inévitablement réduites) ou l'activité des carrières où le volume pouvant être accepté varie en fonction de l'activité d'extraction (échange « un contre un » de déchets inertes contre des matériaux de carrière extraits).

Concernant les remblais, il y a lieu de différencier entre ceux qui sont réalisés dans le cadre de l'exploitation d'une carrière et ceux qui sont réalisés

dans le cadre d'une valorisation des déchets inertes (p. ex. pour la réalisation d'une zone d'activités).

Les remblais Gadderscheier (5.661.090 m³) et Aleweier (480.000 m³) à Sanem/Differdange sont en voie de finalisation et ne seront plus exploités prochainement. Les remblais en relation avec les carrières Brouch (4.500.000 m³) et Altwies (17.000.000 m³) ne sont pas encore exploités.

ad 2) 7 à 8 millions de tonnes de terres excavées sont générées chaque année. Ceci correspond en moyenne à entre 31.800 et 36.400 tonnes par jour ouvrable si on admet 220 jours ouvrables par année. Les terres excavées représentent 80 à 90 % du poids total de déchets inertes générés.

ad 3) Suite à l'abrogation du Plan directeur sectoriel « décharges pour déchets inertes » visé par le règlement grand-ducal du 23 juillet 2021 portant abrogation du règlement grand-ducal du 9 janvier 2006 déclarant obligatoire le plan directeur sectoriel « décharges pour déchets inertes » fin juillet 2021, le règlement grand-ducal du 25 août 2021 déterminant la procédure de recherche de nouveaux emplacements pour décharges régionales pour déchets inertes est entré en vigueur fin août 2021.

Le règlement précité détermine les critères d'évaluation et les modalités de sélection de nouveaux sites pour décharges pour déchets inertes. Il trouve sa base légale dans les dispositions de l'article 26, paragraphe 9 de de la loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets. Il tient compte des orientations du Plan national de gestion des déchets et des ressources (PNGDR, 2018). En effet, le paragraphe 9 précité stipule que le réseau doit être établi conformément aux orientations du plan national de gestion des déchets ou du plan directeur sectoriel afférent.

Il vise à faciliter la recherche de nouveaux emplacements pour les décharges régionales pour déchets inertes et à assouplir la rigidité des procédures antérieures. Grâce à l'entrée en vigueur de la nouvelle procédure de recherche, les communes, les maîtres d'ouvrage publics et privés, les entreprises ou les particuliers peuvent désormais faire des propositions de nouveaux sites, ce qui était auparavant réservé à une commission spécifique.

ad 4) L'annexe VI du règlement grand-ducal modifié du 24 février 2003 concernant la mise en décharge des déchets, distingue entre deux opérations de traitement de déchets inertes :

- Lorsqu'un dépôt est réalisé dans un but d'utilité bien déterminée et déclarée au préalable par le maître d'ouvrage et que donc sa réalisation se fait pour atteindre un objectif autre que l'élimination de déchets inertes, alors l'opération de remblayage est considérée comme une opération de valorisation (surtout valorisation géotechnique). Ce type de dépôt constitue un remblai (remblai technique).

Le but final n'est donc pas le « stockage de terres excavées » comme indiqué par l'honorable Députée. Un tel remblai peut p. ex. servir à la stabilisation technique, le nivellement d'un terrain ou la reconstitution de la topographie initiale après exploitation d'une carrière.

Un remblai se fait donc pour atteindre un but spécifique. À défaut de déchets inertes à valoriser, ce but devra être atteint en utilisant des matières primaires. Il s'ensuit que la réalisation d'un remblai est toujours liée à l'endroit précis où le besoin de la réalisation de la finalité prédéfinie s'est avéré.

- Dans le cas, où l'objectif primaire de l'opération de traitement est de se débarrasser des déchets inertes sans que le dépôt ne poursuive une finalité précise prédéfinie, on parle d'une opération d'élimination de déchets. Ce type de dépôt constitue alors une décharge.

La différence fondamentale entre le remblai et la décharge est que le remblai doit se réaliser à un endroit donné alors que la décharge peut être réalisée en principe à n'importe quel endroit étant donné que son seul but est l'élimination des déchets inertes. Dès lors, l'emplacement d'un remblai est donné par le besoin de la finalité recherchée et ne nécessite pas de procédure de recherche du site. Pour une décharge, par contre, une procédure de recherche est nécessaire afin de trouver le site le plus approprié.

Vu leurs impacts environnementaux similaires, les décharges pour déchets inertes et les remblais mettant en œuvre des déchets inertes sont soumis en matière d'autorisation aux mêmes législations relatives aux déchets et aux établissements classés. Pour ce qui est de la question relative à l'accélération des procédures en matière de décharges régionales pour déchets inertes, il est entre autres renvoyé à la réponse à la question 3 en ce qui concerne la procédure de recherche de nouveaux emplacements pour décharges régionales mais aussi à la procédure dite EIE (évaluation des incidences sur l'environnement) réalisée préalablement aux demandes d'autorisation selon les législations relatives aux déchets et aux établissements classés.

<sup>5</sup> Art. 16. : « Nul ne peut être privé de sa propriété que pour cause d'utilité publique et moyennant juste indemnité, dans les cas et de la manière établis par la loi. »





ad 5) L'étude, indiquée par l'honorable Députée, a été mandatée afin d'évaluer les critères d'une recherche de sites pouvant potentiellement accueillir une décharge pour l'élimination de déchets inertes et de présenter les résultats de cette recherche de sites potentiels sur le territoire national.

ad 6) Il est difficile, voire impossible, de déterminer/quantifier a posteriori l'impact de la campagne de sensibilisation « Besser planen, weniger bagern » sur l'évolution des quantités des terres excavées à base des chiffres dont on dispose. Outre la variabilité des masses de terres excavées à traiter chaque année, les fluctuations des marchés et du nombre de projets de construction réalisés annuellement ont une influence significative sur les quantités de terres excavées qui sont générées par les activités du secteur de la construction.

ad 7) Selon les dispositions légales en vigueur, l'article 26 de la loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets, dans son paragraphe 1<sup>er</sup>, dispose que :

« Lors de la planification d'une construction, la prévention des déchets doit être prise en considération. Cette prévention concerne également la réduction des terres d'excavation destinées à une mise en décharge. Les maîtres de l'ouvrage doivent pouvoir faire preuve des considérations de prévention appliquées sur toute demande de l'administration compétente. »

La législation actuelle oblige ainsi déjà les maîtres d'ouvrage de réduire autant que possible les quantités de terres excavées à éliminer. Il apparaît toutefois nécessaire de renforcer les efforts conjoints avec tous les acteurs du secteur (maîtres d'ouvrages, bureaux d'études, communes) pour que cette disposition soit implémentée de façon conséquente.

#### Question 5664 (02.02.2022) de M. Jean-Marie Halsdorf (CSV) concernant le recensement 2021 :

Dans le contexte du recensement général de la population du 8 novembre 2021 il me revient que, dans certaines communes du pays, bon nombre de personnes inscrites au registre de la population n'ont pas été recensées au sein d'un ménage. En plus, un nombre signifiant de ménages n'ont pas répondu au recensement, beaucoup d'entre eux ont même refusé de remplir le formulaire.

Par ailleurs, d'après mes informations, pour les ménages complets non recensés le responsable du Statec aurait répondu qu'aucune poursuite ne sera faite par eux mais que les communes pourraient appliquer la disposition suivante de l'article 11 du règlement grand-ducal du 30 juillet 2021 prescrivant un recensement général de la population, des logements et des bâtiments du Grand-Duché de Luxembourg au 8 novembre 2021 : « Les communes profitant de l'organisation du recensement afin de contrôler, par leurs propres moyens, le caractère exhaustif de leur registre de la population, devront en avertir leur population ainsi que le Statec. »

C'est dans ce contexte que je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Intérieur :

- À titre général et au vu de ce qui précède, Madame la Ministre peut-elle me renseigner sur le nombre total ainsi que le pourcentage des personnes n'ayant pas été recensées au sein d'un ménage bien qu'elles soient enregistrées comme habitants d'une des 102 communes du pays ?

- À titre particulier, Madame la Ministre peut-elle me fournir les informations demandées ci-dessus ventilées par commune ?

- Sachant que la participation au recensement de la population est obligatoire et que cet instrument est destiné à fournir des informations socio-économiques importantes qui facilitent notamment les prévisions des besoins en matière d'aménagement du territoire, d'écoles, de crèches, d'hôpitaux, de maisons de retraite et de soins, de logements, etc., quelles recommandations Madame la Ministre adresse-t-elle aux communes afin de faire valoir les dispositions autour du caractère exhaustif du recensement ?

- Quelles mesures Madame la Ministre entend-elle mettre en place afin d'assurer la participation de la population entière lors des recensements généraux futurs ?

#### Réponse commune (04.03.2022) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, et de Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur :

Les travaux de vérification, de correction et d'analyse des données recueillies dans le cadre du recensement 2021 sont actuellement effectués par le Statec et se dérouleront tout au long de l'année 2022. À l'heure actuelle, le taux de participation au niveau national dépasse les trois quarts de la population. Le décompte des questionnaires papier

et électronique n'est cependant pas encore terminé ; le taux devrait encore augmenter légèrement, une partie des questionnaires rentrés directement au Statec n'ayant pas encore été comptabilisée. Le Statec informera sur le taux de réponse au cours du second semestre 2022, une fois l'ensemble des questionnaires traités.

Le taux de participation dépend également de l'actualité des registres communaux de population. C'est pourquoi l'article 11 du règlement grand-ducal du 30 juillet 2021 prescrivant un recensement général de la population, des logements et des bâtiments du Grand-Duché de Luxembourg au 8 novembre 2021 offre la possibilité aux communes de contrôler le caractère exhaustif de leur registre de la population.

Avant d'envisager la possibilité de sanctions éventuelles, l'ensemble des informations reçues par le Statec doivent être traitées pour assurer que l'ensemble des réponses reçues soient prises en compte. Ensuite, le Statec a la possibilité de recourir aux mesures prescrites par l'article 15 de la loi modifiée du 10 juillet 2011 portant organisation de l'Institut national de la statistique et des études économiques : « Le refus de fournir les renseignements demandés, le refus de les fournir dans le délai prescrit ainsi que le fait de fournir intentionnellement des renseignements inexacts ou incomplets est passible d'une amende de 251 euros à 2.500 euros. Le paiement de l'amende ne dispense pas de la fourniture de l'information demandée. » À l'heure actuelle, aucune décision au sujet de l'application de ces mesures n'a été prise.

Une fois le travail de vérification, de correction et d'analyse des données effectué, le Statec sera en mesure de donner plus d'informations sur les personnes n'ayant pas répondu au questionnaire du recensement, notamment concernant leur commune de résidence.

Néanmoins, comme pour les recensements précédents, toute la population sera bien recensée grâce au Registre national des personnes physiques (RNPP). En effet, toute la population reprise au RNPP à la date du 8 novembre 2021 est prise en compte par le Statec, qui aura donc pour l'ensemble des résidents les caractéristiques démographiques (lieu de résidence, sexe, pays et date de naissance, nationalité et état civil). De même, le Statec, ayant également recours aux données de l'Inspection générale de la sécurité sociale (IGSS), disposera de l'information si les personnes affiliées à la Caisse nationale de santé (CNS) exercent ou non une activité professionnelle. De plus, le Statec pourra reprendre certaines caractéristiques concernant les bâtiments et logements à partir du Registre des bâtiments et des logements.

Les données récoltées lors du recensement de la population 2021 présenteront définitivement un caractère représentatif de la société luxembourgeoise, même si une ou l'autre variable n'est pas suffisamment renseignée.

Comme pour chaque recensement, le Statec évaluera le déroulement des opérations de recensement et tirera les conclusions nécessaires pour la bonne exécution des recensements futurs. Le taux de participation et les moyens de l'augmenter feront partie de cette analyse.

#### Question 5672 (03.02.2022) de M. Sven Clement (Piraten) concernant l'abus du statut de travailleur indépendant :

Vu Scheinselbstännegkeet (abus du statut de travailleur indépendant) gëtt geschwat, wann eng Persoun de Statut vun engem Independant huet, awer ofhängeg ass vun engem anere Betrib, wat hir Aarbechtsorganisatioun an hir Opträg ugeet. Dëst kann ee Wee si vun enger Firma, fir mat engem qualifizierten Aarbechter zesammenzeschaffen, désen awer net als Salaréi anzestellen an dofir och net fir seng Sozialleeschungen un de CCSS bezuelen ze müssen an och net rechtlech fir d'Sécherheet an d'Aarbecht vun dësem Scheinselbstännegen haftbar ze sinn.

Den Term „faux indépendant“ gouf mam Gesetz vum 15. Dezember 2020 eng éischte Kéier an den Code du travail festgeschriwwen.

D',Institut für Arbeits- und Berufsforschung“, dat der däitscher „Bundesagentur für Arbeit“ ënnersteet, huet 2017 eng Etüd zum Thema „Scheinselbständigkeit in Deutschland“ verëffentlecht. Laut hire Recherchë si virun allem Jonker ënner 25 Joer a Persounen, déi schonn een oder méi Joren unni Aarbecht sinn, vun dësem Phenomeen beträff.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Mëttelstand dës Froe stellen:

1. Huet de Minister zu Lëtzebuerg Statistiken oder Etüden zum Thema Scheinselbstännegkeet? Wa jo, wat ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg? Wann nee, fënnt de Minister net, dass esou Donnéeë wichteg wieren, fir de Problem aschätzen an dogéint virgoen ze kënnen?

2. Laut Institut für Arbeits- a Berufsforschung gëtt et eng ganz Rei Krittären, un deenen een erkenne kann, ob et sech ëm Scheinselbstännegkeet handelt:

„Abgrenzungskriterium 1: Keine inhaltliche unternehmerische Freiheit

1.1 Kein eigener Kundenstamm

1.2 Keine zeitliche unternehmerische Freiheit

1.3 Keine örtliche unternehmerische Freiheit

1.4 keine freie Preisgestaltung

Abgrenzungskriterium 2: Keine eigene Unternehmensorganisation

2.1 Keine eigenen Mitarbeiter

2.2 Keine eigenen Geschäftsräume

2.3 Kein eigenes Betriebskapital

Abgrenzungskriterium 3: Kein Auftreten am Markt

3.1 Nur ein Auftraggeber“ (Source: Scheinselbständigkeit in Deutschland, S.3)

Huet och Lëtzebuerg an dësem Zesammenhang Krittären opgestallt? Wa jo, wéi eng? Wann nee, firwat net?

3. U wie kënnen sech Betroffene wenden, wa si d'Gefill hunn, dass si an eng Scheinselbstännegkeet gerutscht sinn? Ass et méiglech, an dësem Fall anonym ëm Hëllef ze froen, wëssend, dass déi Betreffen sech oft onsécher sinn, ob si sech net selwer strofbar gemaach hunn? Wann net, wéi steet de Minister zur Iddi vun enger anonymmer Ulafstell?

#### Réponse commune (02.03.2022) de M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, et de M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes :

ad 1. D'Regierung huet keng Statistiken zu deem Thema. Et goufen och keng Etüden an Optrag ginn. Falls Verstéiss géint d'Aarbechtsrecht vun der ITM opgedeckt ginn a vu Richter bestätegt ginn, besteet d'Méiglechkeet, dass der schëlleger Entreprise d',autorisation d'établissement“ ewechgezu gëtt.

ad 2. Et ginn änlech Critèrë viru Gericht benotzt fir feststellen, ob e „lien de subordination“ besteet. All déi eenzel opgezielte Punkte sinn awer just Indicen, an et kann net aus engem eenzele Punkt op eng Scheinselbstännegkeet geschloss ginn.

Am „droit d'établissement“ si keng sou Critèrë festgehalen, op Basis vun deenen dann eng „autorisation d'établissement“ refuséiert kéint ginn. Dat erkläert sech schonn doduerch, dass déi Autorisation am Virfeld muss ugefrot ginn an eng eventuell zukünfteg Geschäftsbeziehung tëscht der Persoun, déi d'Autorisation ufreet, a senger potenzielle Clienten net feststeet. Den „droit d'établissement“ ass déi falsch Plaz, fir e Reegelwierk reng op Basis vun Indicë festzehalen, déi iwwert d'Zäit änneren kënnen an als Konsequenz eng Reconsideration vun enger Geschäftsbeziehung an engem Aarbechtsverhältnis hunn. En neit Reegelwierk op Basis vun Indicë dierf op kee Fall dem Einzelne säi verfassungsrechtlech garantéiert Recht op „liberté de commerce“ a Fro stellen.

ad 3. D'ITM ass ënner anerem zoustänneg, derfir ze suergen, datt d'Bestëmmungen iwwert d'Aarbechtsbedéngungen an d'Sécherheet an d'Gesondheet op der Aarbecht vun den Employeuren a Salaréië richteg applizéiert ginn.

Fir feststellen ze kënnen, ob eng Persoun als Salaréi kann ugesinn ginn oder net, iwwerpréift d'ITM op Basis vun den Informationen an Dokumenter, déi him geliwwert ginn, ob et en Ënneruerdnungsverhältnis gëtt oder net.

Geméiss der Jurisprudenz besteet en Ënneruerdnungsverhältnis am Fall, wou de Salaréi ënner der Autoritéit vum Employeur steet, deem dem Salaréi d'Uerdere fir d'Ausféierung vun der Aarbecht gëtt, seng gemaach Aarbecht kontrolléiert an d'Resultat vun der Aarbecht iwwerpréift.

Am Fall vun enger Contestatioun iwwert d'Ënneruerdnungsverhältnis kéint d'ITM e Procès-verbal opstellen an deen u de Parquet schécken, fir eventuell penal Poursuite géint den Employeur ze lancéieren, well dësen d'Bestëmmunge vum Aarbechtsgesetzbuch net agehalen huet, déi de Salaréi protegéieren, a vun deenen der e puer der ëffentlecher Uerdnung ënnerleien, wéi zum Beispill d'Bestëmmunge vum Mindestloun, d'bezuelt Congéen an d'Aarbechtzäiten.

An dësem Fall muss de Richter net nëmmen d'Konditiounen vun der Konvention, déi tëscht de Parteien ofgeschloss gouf, an d'Verplichtungen, déi dovunner entstinn, iwwerpräwen, mee hie muss och all Indicen vun der Situatioun, an deene sech d'Parteien befannen, en compte huelen, fir kënnen ze bestëmmen, ob et en Ënneruerdnungsverhältnis gëtt oder net.

Leit, déi der Meenung sinn, si wieren als Salaréi unzegesinn an net als Independant, kënnen sech bei der ITM mellen an och eng anonym Plainte, entweder per Post oder E-Mail, deposéieren oder an

ee vun de véier Guicheten vun der ITM zu Stroossen, Esch/Uelzecht, Dikrech oder Wolz laanschtkommen.

#### Question 5673 (03.02.2022) de M. Sven Clement (Piraten) concernant le travail clandestin :

D'Schwaarzaabrecht (travail clandestin) ass an den Artikelen L. 571-1 bis L. 573-5 vum Code du travail définiert. Hei kënnen Strofe vu bis zu 5.000 € a sechs Méint Prisong den Aarbechter erwaarden. Wann ee Persouneschäftegt, déi zousätzlech keng Openthaltseneemegung hunn, kann dat mat bis zu engem Joer Prisong an 20.000 € bestrooft ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministere fir Wirtschaft, fir Finanzen a fir Aarbecht dës Froe stellen:

1. Wéi schätzen d'Ministernen d'Ausmoosse vun der Schwaarzaabrecht zu Lëtzebuerg an? Hu si Schätzungen, wéi vill de Lëtzebuerger Staat hei u Steiereinnahmen an awer och duerch net bezuelte sozial Leeschtungen verléiert?

2. De LISER huet 2007 eng Etüd zum Thema „Le travail non déclaré au Luxembourg“ verëffentlecht. Weider Etüde sinn net ze fannen. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 2159 aus dem Joer 2016 gouf erkläert, dass keng Statistiken zu dësem Thema gefouert géife ginn.

Ginn/goufe mëttelweil Statistike respektiv wëssenschaftlech Etüden zum Thema Schwaarzaabrecht zu Lëtzebuerg opgestallt?

- Wa jo, ëm wéi eng handelt et sech?

- Wann nee, fannen d'Ministernen net, dass esou Donnéeë wichteg wieren, fir de Problem aschätzen an dogéint virgoen ze kënnen?

3. Och op de soziale Medie fënnt ee Gruppen, an deene Leit Aarbechter sichen, déi schwaarz schaffen, respektiv wou Aarbechter esou Servicer ubidden.

Ass d'ITM an Douane iwwert esou Gruppen um Courant?

- Wa jo, gëtt hei ee Monitoring gemaach?

- Wann nee, firwat net?

#### Réponse commune (04.03.2022) de M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, et de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances :

ad 1. Et gëtt keng Schätzungen, wéi vill de Lëtzebuerger Staat u Steierrechten an duerch net bezuelte sozial Leeschtungen kéint verléieren.

ad 2. Aktuell gëtt et keng aner Etüd, déi iwwert d'Thema vun der Schwaarzaabrecht verëffentlecht gouf.

Wat d'Statistiken ubelaangt, huet d'ITM zanter dem Joer 2017 déi follgend Unzuelen un Dossieren zum Thema Schwaarzaabrecht erfaasst:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre* - Rôle des affaires - *Questions parlementaires* - *rechercher n° de la question*).

ad 3. An de leschte Joren ass weltwäit eng grouss Zuel vun digitalen Aarbechtsplattformen a verschiddene wirtschaftleche Secteuren entstanden. Déi eng bidde Service „op der Plaz“ un, zum Beispill Liwwerservicer, Botzservicer oder Fleege-déngschter. Anerer schaffen nëmmen online a bidden zum Beispill Servicer fir den Encodage vun Donnéeën oder Liwwersetzungen un.

Der ITM sinn dës nei Aarbechtsformen, déi duerch dës digital Aarbechtsplattformen entstinn, iwwert déi Aarbechter gesicht ginn, respektiv Aarbechter hir Servicer ubidden, bekannt.

Laut der Europäescher Kommissioun, erliichten dës Aarbechtsplattformen d'Entstoe vun innovativen Servicer an neie Geschäftsmodeller a schafe vill Méiglechkeeten fir d'Verbraucher a fir d'Entreprises. Si kënnen d'Offer an d'Demande vun der Main-d'œuvre op eng effikass Manéier zesummebréngen an den Aarbechter d'Méiglechkeet ginn, hire Liewensënnerhalt ze verdéngen oder sech an zousätzlech Akommes ze sécheren. Dat géllt besonnesch fir Leit, fir déi den Zougang zum Aarbechtsmaart komplizéiert ass.

Dës digital Aarbechtsplattformen bidden den Entreprises e méi breeden Zougang zu de Verbrauchern an erlaben hinnen, hir Akommesquellen ze diversifizéieren, nei Aktivitéitsberäicher ze erschléissen an esou hire Wuesstem ze féerden.

Fir d'Verbraucher bedeit et e verbesserten Zougang zu Produiten a Servicer, déi anescht schwéier ze kréie wieren, an den Zougrëff op méi eng variéiert Offer vu Servicer.

Well déi digital Aarbechtsplattformen awer nei Formen vun der Aarbechtsorganisatioun aféieren, stelle si déi besteeënd Rechter a Flichten an de Beräicher Aarbechtsrecht a Sozialschutz a Fro.





Aus deem Grond huet d'Europäesch Kommissioun am Laf vum Dezember 2021 eng Proposition fir eng Richtlinn erstallt, déi d'Afféiere vun neie Reegele virgesäit, déi fir all digital Servicer gëlle sollen, besonnesch fir d'sozial Medien, d'Onlinemaartplazen an aner Onlineplattformen, déi an der Europäescher Unioun aktiv sinn.

Dës nei Reegelen, déi dann och an d'Lëtzebuenger Recht mussen ëmgesat ginn, wäerten et ënner anere erlabe sécherzestellen, datt d'Persounen, déi iwwer digital Plattformen schaffen, dee richteg Beschäftigungsstatus hunn oder kréie kënnen an hir Rechter am Zesammenhang mat de Bestëmmungen iwwert d'Aarbechtskonditiounen an d'Sécherheet an d'Gesondheet op der Aarbecht an iwwert de Sozialschutz an Usproch huele kënnen.

**Question 5674** (03.02.2022) de **Mme Chantal Gary (déi gréng)** concernant l'**avancement du projet Nordstad-Lycée à Erpeldange-sur-Sûre** :

Il y a un an, la loi du 10 février 2021 a autorisé le Gouvernement à procéder à la construction d'un complexe scolaire pour le Nordstad-Lycée (NOSL) à Erpeldange-sur-Sûre pour un montant maximal de 157,3 millions d'euros. En tant que rapportrice du projet de loi afférent (n° 7657), j'avais en outre mentionné dans le rapport écrit que « vu le besoin pressant d'infrastructures adéquates, le nombre croissants d'élèves, la répartition compliquée des enseignements sur une multitude de sites, annexes et autres préfabriqués depuis la création du lycée en 2007 et les possibilités limitées de prolongation des contrats de locations actuels, le Gouvernement a décidé de faire précéder la construction du lycée sur le site définitif, par l'aménagement d'un bâtiment préfabriqué sur un terrain communal à proximité du site définitif », un projet déjà validé par la Chambre des Députés à travers la procédure relative aux grands projets d'infrastructures de l'État. Enfin, par son article 4, la loi susmentionnée a déclaré les travaux de construction du complexe scolaire définitif d'utilité publique, ouvrant ainsi la voie à une possible expropriation des propriétaires pour cause d'utilité publique.

Depuis lors, le Gouvernement a élaboré un projet de plan d'occupation du sol (POS) « Nordstad-Lycée » et le Collège des bourgmestre et échevins de la commune d'Erpeldange a soumis son projet d'avis afférent au conseil communal du 24 janvier 2022. Selon un article de presse relatif à cette séance du conseil communal, l'avis communal sur le projet de POS mentionnerait que la commune souhaite préserver un puits d'eau situé sur une des parcelles concernées, appartenant à la commune et utilisé pour l'arrosage des terrains de football ainsi que par certains paysans.

Dans ce contexte, je me permets de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et à Madame la Ministre des Finances :

1) Quel est l'état d'avancement du projet de construction du nouvel campus scolaire du NOSL à Erpeldange ? Quel est le planning prévu actuellement ?

2) Quel est l'état d'avancement du projet provisoire visant l'aménagement d'un bâtiment préfabriqué sur un terrain communal à proximité du site définitif ?

3) Combien de parcelles de terrain nécessaires aux deux projets - au campus scolaire et au bâtiment provisoire - n'ont pas encore pu être acquises ? Combien de propriétaires sont concernés et comment est-ce que ces parcelles sont classifiées ? Quels sont les différents motifs évoqués pour refuser la vente des terrains à l'État ?

4) Est-ce que le Gouvernement est confiant de pouvoir acquérir rapidement les parcelles restantes ? Est-il encore possible d'éviter le recours à la procédure d'expropriation afin de pouvoir lancer l'aménagement d'un campus définitif que le NOSL attend déjà depuis sa création (loi de 2007) ?

5) Est-ce que le Gouvernement a pris connaissance de l'avis communal relatif au POS « Nordstad-Lycée » ?

6) Sur quelle parcelle du projet se situe le puit d'arrosage de la commune mentionné plus haut ? Peut-il être préservé sans modifier significativement le projet de construction du campus scolaire ?

**Réponse commune** (08.03.2022) de **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**, et de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** :

ad 1) La loi du nouveau Nordstad-Lycée a été votée le 19 janvier 2021 sur base d'un avant-projet détaillé. Depuis lors, la suite de la planification du projet est en suspens, en attendant l'acquisition des terrains nécessaires.

Le Ministère des Finances, par le biais du Comité d'acquisition, est en charge des négociations avec les propriétaires des terrains concernés.

Dès que l'État sera propriétaire desdits terrains, les demandes d'autorisations requises peuvent être introduites, l'élaboration du projet d'exécution peut être entamée et les dossiers de soumissions peuvent être lancées. La période de planification précitée est estimée à environ 24 mois et le temps du chantier est estimé à environ 48 mois.

Depuis automne 2021, la procédure d'élaboration du plan d'occupation du sol (POS) « Nordstad-Lycée » est en cours afin de reclasser les terrains d'une zone agricole en zone de bâtiments et d'équipements publics.

ad 2) Le programme de construction relatif au projet provisoire a été défini par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse au courant de l'été 2021. Encore récemment, des réunions de concertation avec la commune d'Erpeldange-sur-Sûre ont été menées afin de définir l'emplacement adéquat de la construction en tenant notamment compte du futur projet de réaménagement et d'agrandissement du campus scolaire de la commune. En effet, il est prévu qu'une fois que le projet du Nordstad-Lycée sera terminé, la commune pourra utiliser ces espaces pour les besoins de ses élèves du fondamentale.

En parallèle, des conventions entre la commune et l'État sont actuellement élaborées afin de fixer d'un commun accord les modalités de construction, de financement, de gestion et d'entretien relatives à ce projet provisoire à construire sur les terrains appartenant à la commune.

ad 3) Pour les terrains nécessaires à l'implantation du bâtiment provisoire, une mise à disposition par un droit réel sera finalisée entre la commune et l'État.

Pour le campus scolaire, une offre adaptée vient d'être transmise aux 30 propriétaires et consorts représentant les 32 parcelles prévues pour l'implantation du Nordstad-Lycée.

ad 4) La nouvelle offre comporte un prix sensiblement plus élevé que le prix offert en 2015 lors des premières négociations. Au cas où la réaction des propriétaires serait favorable, un recours à la procédure d'expropriation ne serait pas nécessaire.

ad 5) Conformément à l'article 18 de la loi modifiée du 17 avril 2018 concernant l'aménagement du territoire, une enquête publique précédant le lancement de la procédure réglementaire du POS « Nordstad-Lycée » a été menée du 18 novembre 2021 au 17 février 2022. Dans le cadre de celle-ci, l'avis du conseil communal d'Erpeldange-sur-Sûre et l'avis du Conseil supérieur d'aménagement du territoire a été sollicité. Les avis et observations qui sont parvenus au ministre sont actuellement en train d'être analysés par le Département de l'aménagement du territoire.

Suite à cet exercice, un rapport des avis et observations écrites sera établi. Sur base de celui-ci, le Ministre ayant l'Aménagement du territoire dans ses attributions propose au Gouvernement les suites à réserver aux avis et observations ainsi que les modifications éventuelles du projet de POS.

ad 6) Le puits d'arrosage se situe sur la parcelle communale n° 1798/3732 à l'extrémité nord du terrain d'implantation du lycée qui n'est pas prévu d'être construite ; dès lors le puits pourra être préservé.

**Question 5675** (03.02.2022) de **MM. Gilles Baum et Gusty Graas (DP)** concernant le **syndrome du bébé secoué** :

En janvier de cette année, une campagne de sensibilisation au sujet du syndrome du bébé secoué a été lancée en France. Selon un article au « Monde » le 21 janvier 2022, des centaines d'enfants seraient touchés chaque année. Le secouement violent des nourrissons provoque des épanchements de sang dans la boîte crânienne et peut causer des arrêts respiratoires. La maltraitance peut aller aussi loin que de casser la nuque du bébé. Selon l'article, un enfant sur dix victime du syndrome du bébé secoué en meurt. Pour trois quarts des cas, ils restent des séquelles irréversibles.

Dans l'article, une porte-parole d'une association s'occupant de nouveaux parents rappelle que le fait de ne pas savoir gérer une situation avec un bébé ne devrait jamais être perçu comme une source de honte, et les parents ne devraient jamais se sentir coupables. Plutôt, il est avisé de parler des difficultés, et de partager ses expériences dans des groupes spécialement dédiés aux nouveaux parents.

Au Luxembourg, l'Association luxembourgeoise de pédiatrie sociale (« ALUPSE »), avec le support du Ministère de la Santé, s'occupe de l'information et de la sensibilisation de nouveaux parents au sujet des nouveau-nés. L'ALUPSE aide à renforcer le lien parents-enfant et à soutenir la famille dans des situations de vie inconnues ou difficiles. En 2020, 93 familles ont été prises en charge par le service et 1.363 interventions ont été faites.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Combien de cas du syndrome du bébé secoué y a-t-il eu au Luxembourg pendant les cinq dernières années ?

2) Combien de ces cas ont mené à des décès infantiles ?

3) Comment les nouveaux parents sont-ils informés lors de la naissance de leur enfant sur le risque lié à cette maltraitance ?

4) Les partenaires passant moins de temps à la maternité, sont-ils informés au même niveau que la mère qui accouche du bébé ?

5) Quels groupes et contacts existent au Luxembourg pour des parents qui, face à une situation compliquée avec leurs nourrissons et enfants, cherchent du support et du conseil ?

6) Existe-t-il des groupes pour des femmes qui souffrent d'une dépression postnatale ?

7) Sur les cinq années passées, quels étaient les taux de participation dans ces groupes ?

**Réponse** (04.03.2022) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** :

ad 1) Le Ministère de la Santé ne dispose pas de statistiques sur la fréquence du syndrome du bébé secoué au Luxembourg. Pour pouvoir documenter les cas, il faudrait recouper les informations de plusieurs sources, notamment du secteur hospitalier, extrahospitalier et des autorités judiciaires.

Dans le secteur hospitalier, un cas a été relevé en 2018 et un autre en 2021.

En outre, selon les statistiques internationales, l'incidence des enfants qui sont victimes du syndrome du bébé secoué est estimée à environ 35 cas pour 100.000 nourrissons en première année de vie. [Tina Joyce; Martin R. Huecker. « Pediatric Abusive Head Trauma (Shaken Baby Syndrome) ». StatPearls Publishing LLC. February 11, 2019]

La fréquence et les facteurs de risque du syndrome du bébé secoué restent mal documentés pour plusieurs raisons. Ainsi, le nombre réel de cas « bénins » du syndrome du bébé secoué ne sont pas connus et les sources d'information utilisées sont diverses. De plus, il y a eu des changements au fil du temps dans la définition de cette pathologie et il n'existe actuellement pas d'études épidémiologiques au Grand-Duché basées sur cette population à risque (enfants de moins de 5 ans).

ad 2) Les cas d'infanticides ou les suspicions d'infanticides sont gérés par le parquet, indépendamment de la cause du décès.

La Direction de la santé a connaissance de deux cas de décès suite à un syndrome du bébé secoué, à savoir en 2009 et en 2010.

Selon les statistiques internationales, il y a un décès sur quatre victimes du syndrome du bébé secoué et 80 % des victimes survivantes souffriront de lésions neurologiques permanentes<sup>6</sup>.

ad 3) Il n'y a pas de méthodologie nationale s'appliquant à toutes les maternités au Luxembourg ainsi qu'à tous les médecins libéraux et sage-femmes ou encore aux associations concernant l'information des parents sur le risque du syndrome du bébé secoué.

ad 4) Les nouveaux parents sont encadrés pendant la grossesse et après la naissance par divers professionnels de santé (gynécologues et pédiatres, sage-femmes, infirmières en maternité ...) et sont donc également informés sur le risque du syndrome du bébé secoué. Ces conseils sont a priori disponibles pour les deux parents.

Diverses associations peuvent intervenir pour orienter, informer et conseiller les nouveaux parents. Les honorables Députés citent à juste titre ici l'ALUPSE, l'Association luxembourgeoise pour la prévention des sévices à enfants, qui fait un travail remarquable, également au niveau information et conseil. Par ailleurs, il existe aussi l'association Liewensufank qui s'adresse aux jeunes parents.

ad 5) Dans une telle situation, les parents peuvent s'adresser aux entités suivantes :

- les urgences pédiatriques et médicales de chaque hôpital ;
- les maisons médicales et les maisons pédiatriques ;
- les cabinets médicaux et pédiatriques ;
- les associations de sage-femmes.

En outre, des associations comme l'ALUPSE, le service de pédiatrie sociale Kannerstëmm, le service de rééducation précoce Hëllef fir de Puppelchen, le service d'évaluation et de rééducation fonctionnelles du CHL et le service de consultation pour nourrissons de la Ligue médico-sociale fournissent également ce genre de conseils.

<sup>6</sup> New York State, Department of Health: [https://www.health.ny.gov/prevention/injury\\_prevention/shaken\\_baby\\_syndrome/sbs\\_fact\\_sheet.htm#:~:text=It%20is%20estimated%20that%201%2C000,16%20billion%20dollars%20each%20year](https://www.health.ny.gov/prevention/injury_prevention/shaken_baby_syndrome/sbs_fact_sheet.htm#:~:text=It%20is%20estimated%20that%201%2C000,16%20billion%20dollars%20each%20year)  
National Center on Shaking Baby Syndrome: <https://www.dontshake.org/learn-more/item/114-factsand-info>

ad 6) Le ministère n'a pas connaissance de groupes pour femmes à proprement parler concernant la dépression postnatale.

Pour pouvoir bénéficier de l'allocation de naissance de la part de la Caisse pour l'avenir des enfants, la mère doit se soumettre à un examen postnatal effectué par un médecin spécialiste en gynécologie et obstétrique dans les semaines qui suivent la naissance. Cette consultation peut être un moment clé pour détecter les symptômes d'une dépression postnatale.

L'association Liewensufank p. ex. a mis en place une « Baby Hotline » (tél. 36 05 98) et une adresse mail ([berodung@liewensufank.lu](mailto:berodung@liewensufank.lu)) pour aider à surmonter la dépression postnatale.

ad 7) Le ministère n'a pas connaissance de groupes pour femmes à proprement parler concernant la dépression postnatale.

**Question 5678** (03.02.2022) de **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** concernant les **prestations remboursées en double par la Caisse nationale de la santé** :

Lors de mes recherches sur les possibilités d'évaluation publique de la qualité des soins et prestations médicales au Luxembourg, j'ai reçu des renseignements concernant la pratique apparemment assez fréquente des opérations faites en double pour cause de non-réussite de la première opération. Ce serait notamment le cas pour des opérations spécialisées qui seraient habituellement pratiquées à l'étranger à défaut de pouvoir être dispensées au Luxembourg.

Or, il se trouve qu'afin de limiter une délocalisation à l'étranger de ce type d'opérations, il arriverait que des patient.e.s se fassent malgré tout opérer au Luxembourg, ce qui implique dans certains cas où l'opération n'aboutit pas, la nécessité d'une deuxième opération dans une clinique ou un hôpital spécialisés à l'étranger. La conséquence en serait que la CNS rembourse deux fois une opération qui aurait pu réussir dès la première fois dans des conditions optimales.

J'ai également été informée d'une autre figure de cas en rapport avec les opérations spécialisées, où le médecin situé à l'étranger est transféré au Luxembourg pour y pratiquer l'opération. En l'occurrence, les frais supplémentaires impliqués par ce transfert seraient imputés au patient.

Afin d'obtenir des clarifications à propos des pratiques évoquées plus haut, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) En l'espace des cinq dernières années, Monsieur le Ministre peut-il me faire part du nombre d'opérations ayant dû être faites en deux temps pour pouvoir aboutir ? Quelle est pour la même période la fréquence de ces prestations enregistrées par la CNS ?

2) La CNS rembourse-t-elle effectivement en double une prestation faite en deux temps ?

3) Quelles sont dans le contexte des opérations en deux temps, les prestations les plus pratiquées ?

4) Quel taux occupent ces prestations en particulier par rapport à l'ensemble des prestations enregistrées par la CNS au cours des 5 dernières années en moyenne ?

5) Toujours pour la même période des 5 dernières années, combien de transferts vers le Luxembourg de médecins exerçant à l'étranger ont eu lieu dans l'objectif de réaliser des opérations spécialisées ?

6) Par rapport à ces transferts auxquels je fais référence dans ma question précédente, quels sont le cas échéant les actes facturés aux patient.e.s et quel est le montant des frais ?

**Réponse** (08.03.2022) de **M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale** :

La Caisse nationale de santé (CNS) ne dispose pas de données exhaustives pouvant servir à répondre aux questions posées par l'honorable Députée parce qu'elle ne dispose pas des informations reprises dans les dossiers médicaux des patients. Ces informations médicales ne pourraient par ailleurs être analysées que par le Contrôle médical de la sécurité sociale (secret médical) et requerraient un investissement considérable en ressources pour analyser tous les rapports ou dossiers médicaux.

Au-delà il y a lieu de noter que les médecins disposent d'une liberté thérapeutique et qu'ils doivent appliquer leur propre code déontologique qui impose aux médecins d'agir au mieux de leurs connaissances et de leur conscience dans l'intérêt du patient et de lui proposer les traitements et soins les mieux appropriés en fonction de son état de santé.

Néanmoins, il peut arriver qu'il soit médicalement nécessaire d'opérer une personne deux fois au cas où une opération ne se déroule pas comme prévu





ou qu’une complication apparaisse lors de. Dans ces cas, la CNS prend évidemment les frais en charge qui sont occasionnés par la deuxième opération.

**Question 5681** (03.02.2022) de **M. Gusty Graas (DP)** concernant la  **sclérodermie** :

La sclérodermie est une maladie dite auto-immune qui peut s’exprimer sous des formes diverses et atteindre différents niveaux de gravité. En tant que sclérodermie localisée, elle est souvent reconnue comme maladie dermatologique. En tant que sclérodermie systémique, cette maladie rare peut attaquer le tissu soutenant les organes et des petites artères. La maladie de Raynaud, souvent évoquée comme une des autres formes possibles que peut prendre la sclérodermie, est un trouble de la circulation sanguine au niveau des extrémités.

La sclérodermie est très peu connue et peu d’information existe pour les personnes concernées. Cependant, elle peut avoir des conséquences « faibles », comme des démangeaisons mais, dans des cas extrêmes, la maladie peut entraîner la mort.

Dans ce contexte, j’aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

- 1) Est-ce que le nombre de personnes concernées au Grand-Duché par la sclérodermie, ou une de ses formes diverses, est connu ?
- 2) Dans l’affirmative, combien de patients y avait-il pendant les dix dernières années ?
- 3) Si le nombre de personnes est inconnu, est-ce que Madame la Ministre envisage initier un programme de recherche à ce sujet ?
- 4) Où les personnes concernées peuvent-elles trouver de l’aide médicale pour leur condition ? Y a-t-il des experts au Grand-Duché ?
- 5) Est-ce que les personnes cherchant de l’aide à l’étranger peuvent se faire rembourser leurs examens médicaux et les traitements par la CNS ?
- 6) Quel est le meilleur point de départ où des personnes affectées par la maladie peuvent recevoir des informations sur leur état de santé ?

**Réponse commune** (04.03.2022) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**, et de **M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale** :

ad 1)- 3) La sclérodermie, surtout sous sa forme systémique, est effectivement une maladie préoccupante qui touche essentiellement les femmes (80 % des cas) et qu’on peut qualifier de maladie rare. En effet, la société française de rhumatologie estime qu’environ 0,02 % à 0,04 % de la population est atteinte de cette maladie avec une incidence annuelle de nouveaux cas d’environ 3 sur 100.000 personnes.

En ce qui concerne les personnes atteintes de la sclérodermie au Grand-Duché, les chiffres présentés dans le tableau 1 se limitent aux patients hospitalisés dans un des établissements hospitaliers au Luxembourg affiliés à l’assurance maladie-maternité et ayant comme diagnostic principal de sortie de l’hôpital, le Code de la classification internationale des maladies (CIM10) M34 - sclérodermie systémique. De manière générale, les données proviennent des bases de données de la sécurité sociale. Les informations des années 2018 et 2019 sont issues de la documentation et classification des séjours hospitaliers (DCSH), tandis que les chiffres de 2014 à 2016 proviennent des déclarations de prises en charge des établissements hospitaliers. Suite à l’introduction du projet DCSH, un premier set de données non exhaustif a été encodé en 2017 et n’est de ce fait pas repris dans le tableau ci-dessous.

(Tableau à consulter auprès de l’Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Le tableau ci-dessous renseigne sur le nombre de demandes d’autorisations de transfert à l’étranger et le nombre de patients concernés entre 2014 et 2021.

(Tableau à consulter auprès de l’Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Le déploiement du plan national maladies rares sous la responsabilité de la Direction de la santé devra permettre à terme de mieux cibler les personnes touchées par cette maladie et donc d’avoir un nombre plus précis des personnes atteintes. En effet, ce plan national prévoit la création d’un registre national de maladies rares. Il pourra être mis en place dès qu’une base légale sera créée pour les registres de maladies. En effet, les exigences en matière de protection des données imposent l’existence d’une base légale adaptée.

ad 4) Les personnes concernées sont typiquement prises en charge par un médecin spécialiste en médecine interne et plus particulièrement en rhumatologie. Le pays comporte un certain nombre de mé-

decins qui sont ainsi qualifiés pour une telle prise en charge médicale.

ad 5) Si la personne se rend dans un État membre de l’Union européenne, de l’Espace économique européen ou en Suisse pour y obtenir des prestations de soins de santé, elle peut obtenir le remboursement de ces soins selon les conditions et tarifs prévus par la législation luxembourgeoise.

S’il s’agit de soins hospitaliers ou qui nécessitent le recours à des infrastructures ou des équipements médicaux hautement spécialisés et coûteux, une autorisation préalable de la Caisse nationale de santé (CNS), sur avis du Contrôle médical de la sécurité sociale (CMSS), est nécessaire. En cas de soins avec autorisation préalable, les tarifs de remboursement de l’État où les soins sont délivrés sont pris en compte (article 20 du Code de la sécurité sociale).

Si la personne se rend dans un État autre que les États susmentionnés, une autorisation préalable de la CNS, sur avis du CMSS, est nécessaire et un remboursement selon les conditions et tarifs prévus par la législation luxembourgeoise est possible.

ad 6) En tant que maladie rare, toute demande d’information pour les professionnels et les patients peut passer par l’Infoline maladies rares Luxembourg qui est gérée par l’ALAN : tél 2021 2022, [info-lineMR@alan.lu](mailto:info-lineMR@alan.lu). L’ALAN remplit pour le Luxembourg le rôle d’Alliance nationale maladies rares et elle a des contacts avec toutes les associations de patients au Luxembourg.

**Question 5685** (03.02.2022) de **M. Dan Biancalana (LSAP)** concernant les  **cyberattaques transfrontalières ciblant les banques** :

Le Comité européen du risque systémique (CERS), créé en 2010 en vue de rétablir la confiance des citoyens dans le système financier, a appelé le 27 janvier les autorités bancaires des États membres à se coordonner - par le biais d’un nouveau mécanisme dédié - afin de contrer les cyberattaques transfrontalières ciblant les banques, les assurances, voire le marché financier dans son ensemble.

Les trois grands volets à traiter en vue du développement graduel du mécanisme de coordination concernent la mise en place d’un vocabulaire commun et de canaux de communication sécurisés, la coordination opérationnelle entre entités ainsi que la diffusion coordonnée des informations au grand public.

Dès lors, j’aimerais savoir de la part de Madame la Ministre des Finances et de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

- Quels seront les acteurs impliqués au Luxembourg au niveau de la coordination ? Quelle instance sera prévisiblement désignée comme point de contact national ?
- Quel sera le contenu des plans d’action définis en amont ? Quelle en sera l’instance compétente ?
- Quelle instance sera en charge de l’évaluation des risques d’attaques potentielles ?
- Quelle est respectivement sera la stratégie de communication relative aux cyberattaques ? De quelle manière la communication aura-t-elle lieu ? Quelle instance sera en charge de son élaboration et de la mise au point des plans de communication ?

**Réponse** (08.03.2022) de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** :

L’honorable Député s’interroge sur la mise en œuvre pratique des recommandations du Comité européen du risque systémique (CERS) du 27 janvier 2022 préconisant la création d’un cadre paneuropéen de coordination des cyberincidents systémiques.

Les cyberincidents majeurs peuvent présenter un risque systémique pour le système financier compte tenu de leur potentiel de perturber les services et les opérations financières critiques.

Dans ce contexte, la Ministre des Finances soutient pleinement l’objectif de la proposition législative de la Commission européenne visant un renforcement de la résilience opérationnelle numérique dans l’UE, et dont les négociations interinstitutionnelles sont toujours en cours. Les entités relevant du secteur financier devront ainsi se doter des systèmes et capacités nécessaires pour pouvoir résister à tous types de perturbations et de menaces en matière de technologies de l’information et de la communication, y compris aux cyberattaques. Afin d’atteindre un niveau commun élevé de cybersécurité, ce nouveau cadre européen renforcera les exigences en matière de gestion des risques informatiques par les entités financières, exigera la notification des incidents informatiques majeurs liés à l’informatique et favorisera le partage d’informations et de renseignements entre les entités financières en rapport avec les cybermenaces.

Face aux tensions liées au contexte international actuel, la vigilance en matière de cybersécurité dans le secteur financier reste de mise. Le Comité du risque systémique (CdRS) regroupant les autorités nationales investies des compétences dans le domaine de la surveillance micro- et macroprudentielle du secteur financier, qui s’est réuni en date du 2 mars 2022 sous la présidence de la Ministre des Finances, a fait le point sur les risques accrus de cyberattaques à la suite de l’agression militaire de la Russie contre l’Ukraine. Les autorités se sont engagées à suivre la situation de près.

La Ministre des Finances salue également les recommandations récentes du CERS appelant au développement graduel d’un cadre européen des cyberincidents systémiques afin de permettre aux autorités de surveillance nationales et européennes d’optimiser leurs coordinations et coopérations pour lutter contre les cyberattaques visant le secteur financier. Les efforts nécessaires seront faits pour assurer au plan national la mise en œuvre de ces recommandations dans le respect des compétences respectives des autorités de surveillance du secteur financier et du calendrier prévu par le CERS. Lors de sa prochaine réunion, prévue avant la fin du mois, le CdRS décidera des suites à donner à la recommandation du CERS en matière de cyberincidents systémiques. À cette même occasion, le CdRS désignera une autorité nationale en charge de la coordination.

**Question 5686** (04.02.2022) de **M. Sven Clement (Piraten)** concernant les **dépenses en recherche et développement** :

Am Hibleck op d’„Konzept der Wissensgesellschaft“, déi op „Exzellenz und internationale Sichtbarkeit abzielt“, gouf am Koalitionsvertrag vun 2018 beschloss, dass d’Bruttoinlandsausgaben am Beräich Fuerschung an Innovatioun bis Enn 2023 bei 0,8 % vum PIB leie sollen. Laut OECD („Gross Domestic Spending on R&D OECD Data“) läit Lëtzebuerg am Joer 2019 bei 1,133 %. Am Joer 2004 hu Bruttoinlandsausgaben a Fuerschung an Innovatioun 1,603 % vum PIB uitgemaach. Niewent engem laangjäregen Negativtrend läit Lëtzebuerg mat 1,113 % däitlech ënnert dem OECD- an EU-Duerchschnitt.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministere fir Héichschoul a Fuerschung a fir Wirtschaft des Froe stellen:

1. Schätzen d’Ministeren déi ënnerduerchschnittlech Positiounen am OECD- an EU-Verglach als zefriddestellend an?
2. Wann d’Bruttoinlandsausgabe fir Fuerschung an Innovatioun am Joer 2019 1,113 % vum PIB uitgemaach hunn, wéi vill Prozent vum PIB maachen des Ausgaben am Joer 2021 aus?
3. Wisou gouf sech am Koalitionsvertrag dofir entschiet, d’Bruttoinlandsausgabe fir Fuerschung an Innovatioun bei 0,8 % vum PIB unzesetzen?
4. Gouf beim Festsetze vun de Bruttoinlandsausgaben a Fuerschung an Innovatioun bei 0,8 % vum PIB den nämmelechte Calcul benotzt wéi bei der OECD-Statistik, déi d’Ausgabe fir 2019 bei 1,113 % beziffert? Falls jo, wier dann dovunner auszegoen, dass et am Zäitraum vun 2019 bis 2023 zu enger Baisse vun 0,3 Prozentpunkte kënnst?
5. Wier et net fir d’„Konzept der Wissensgesellschaft“, déi „Exzellenz“ an „internationale Sichtbarkeit“ als Finalitéit huet, méi ubruecht, bei dësen Investissementer laangfristeg Erhéijung unzeweiseieren, onofhängeg vun der Evolutioun vum PIB?

**Réponse commune** (04.03.2022) de **M. Claude Meisch, Ministre de l’Enseignement supérieur et de la Recherche**, et de **M. Franz Fayot, Ministre de l’Économie** :

D’Ausgabe fir Fuerschung an Entwécklung (R&D - Recherche & Développement), a Prozent vum PIB ausgedréckt, sinn ee vun de wichtegsten Indicateuren, déi um Niveau vun der OCDE an der EU benotzt ginn, fir de Fortschritt an der Entwécklung vum Wëssen an den neien Technologien ze moossen. Et sief drop higewisen, dass dësen Indicateur d’Gesamtausgabe fir R&D um nationalen Niveau a fir déi véier Secteuren - Staat, Héichschoul, Betriber a Privatsektor ouni lukrativen Zweck - berécksiichtegt, esou wéi d’Formel hei drënner et duerstellt:

Dépenses totales de R&D en % du PIB

|                                                                                                                      |
|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépenses de R&D<br>(État + Enseignement supérieur + Entreprises + Secteur privé à but non lucratif<br>= _____<br>PIB |
|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|

D’Regierung suivéiert deen Indicateur vun no, ënnert anerem am Programme national de réforme (PNR), deen am Kader vum europäesche Semester ausgeschafft gëtt.

Am Joer 2019 louchen d’Ausgaben zu Lëtzebuerg fir d’Fuerschung (an alle Secteuren zesumme ge-

kuckt) - Eurostat no<sup>7</sup> - bei 1,16 % vum PIB, déi provisoresh Zuele vun 2020 leien do bei 1,13 % vum PIB. D’Donnéeë fir 2021 sinn nach net disponibel. Lëtzebuerg huet domat fir all Secteuren zesumme gekuckt, e relativ niddregen Taux vun der gesamter Fuerschungsintensitéit am Verglach mam EU-Duerchschnitt vun 2,2 %. D’Situatioun ass awer eng ganz aner, wann een eng méi genau Analys vum Indicateur fir déi eenzel Secteure mécht.

Wann ee sech d’Zuelen ukuckt, déi sech op déi ëffentlech Fuerschung (am Weesentlechen also déi op der Universiteit Lëtzebuerg an an de Centres de recherche publics gemeete Fuerschung) bezéien, esou situéiert sech déi Fuerschungsintensitéit 2019 bei 0,53 % vum PIB an déi provisoresh Zuele vun 2020 situéiere sech bei 0,52 % vum PIB. Dobäi ass de lichte Réckgang op ee Ralentissement vun den Aktivitéite während der Pandemie zeréckzuféieren.

Et ass wichteg ze bemierken, datt d’Objektiv am Koalitionsaccord vun 0,8 % vum PIB sech op d’Fuerschungsausgaben an der ëffentlecher Fuerschung bezitt (« Les dépenses intérieures brutes de recherche dans le secteur public se situeront à 0,8 % du PIB pour l’année 2023 »).

Et ass och gutt, wann ee sech déi absolutt Zuele virun Ae féiert. Am Joer 2004 louchen d’Depensé vun der ëffentlecher Fuerschung<sup>8</sup> bei 54,70 Mio. EUR, 2019 waren et der am Verglach 337,0 Mio. EUR. Interessant ass, och d’Evolutioun vun de Montanten ze gesinn, déi am Staatsbudget fir Fuerschung an Innovatioun („Crédits budgétaires publics de R&D”)<sup>9</sup> virgesi sinn. Waren dat am Joer 2000 am Ganze just 23,6 Mio. EUR, esou waren et der 2004 schonn 68,4 Mio. EUR an 2019 428,3 Mio. EUR.

Et sief och drop higewisen, datt am Ufank vum Joer déi nei Conventions pluriannuelles 2022-2025 mat der Universiteit Lëtzebuerg, den dräi Centres de recherche publics an dem FNR ënnerschrifwe goufen, an deenen de Staat sech engagéiert, méi wéi 1,7 Milliarden EUR iwwert déi nächst véier Joer an des Institutiounen ze investéieren.

Wat d’R&D-Ausgabe vun de Betriber ugeet, läit Lëtzebuerg mat 0,6 % ënnert dem EU-Duerchschnitt vun 1,5 %. D’Struktur vun der Lëtzebuerger Déngschtleeschungsökonomie, wou d’Servicer ongeféier 85 % vum PIB duerstellen, erkläert dëst zu grousssem Deel. Engersäits ass et esou, dass d’Servicer a speziell d’Finanzdéngschtleeschungen, déi de gréissten Deel vun eiser Ökonomie duerstellen, traditionell wéineg an d’R&D investéieren; d’Europäesch Kommissioun huet dëst och an hirem Landesrapport fir Lëtzebuerg am Kader vum europäesche Semester festgestallt. Anerersäits ass et och schwierereg, d’R&D an de Servicer ze moossen.

Grad fir Lëtzebuerg ass et also wichteg deen Indicateur vun der R&D méi am Detail, de wirtschaftleche Secteuren no, ze analyséieren. A senger Publikatioun „La performance de R&D et d’innovation des entreprises”<sup>10</sup> huet de Statec festgestallt, dass zu Lëtzebuerg d’Industrie méi wéi 60 % vun den R&D-Ausgabe vun de Betriber duerstellt (fir 2017). Dës R&D-Ausgaben erreeche 6,7 % vun der Valeur ajoutée, déi an der Lëtzebuerger Industrie geschaaft gëtt, wat am europäesche Verglach e ganz gudden Taux ass. D’Industrie stellt awer nëmme 6 % vun der brutto Valeur ajoutée duer, déi am Land geschaaft gëtt; an anere Länner huet se dacks vill méi e groust Gewicht.

Den Taux vun R&D-Ausgabe fir den Handel an net finanziell Servicer stellt 0,8 % duer an an de Finanzdéngschtleeschungen just 0,1 %. Grad des Finanzdéngschtleeschungen droen awer ongeféier 25 % zu der gesamter brutto Valeur ajoutée zu Lëtzebuerg bäi, wat vill méi ass wéi an den anere Länner. Esou, dass et wéinst dem Gewicht vum Finanzsektor an der Lëtzebuerger Ökonomie an der schwächer R&D-Intensitéit an deem Sektor net iwwerraschend ass, dass d’R&D-Ausgabe vun de Betriber relativ schwach an der Lëtzebuerger Ökonomie an am PIB sinn, zemoos am Verglach mat anere Länner.

(Tableau à consulter auprès de l’Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Anerersäits sollt een och ënnersträichen, dass et methodologesch schwierereg a komplex ass, d’R&D am Sektor vun den Déngschtleeschungen an de Finanzservicer ze moossen. De Finanzsektor kann a sengem Output innovativ sinn, mee der offizieller Definitioun no wéineg R&D-Input hunn. D’R&D-Ausgabe sinn en Indicateur, deen nëmme den

<sup>7</sup> <https://ec.europa.eu/eurostat/databrowser/view/tsc00001/default/table?lang=en>

<sup>8</sup> [https://statistiques.public.lu/stat/TableViewer/tableView.aspx?ReportId=13553&IF\\_Languag e=fra&MainTheme=4&Fld rName=9&RFPPath=2222](https://statistiques.public.lu/stat/TableViewer/tableView.aspx?ReportId=13553&IF_Languag e=fra&MainTheme=4&Fld rName=9&RFPPath=2222)

<sup>9</sup> [https://statistiques.public.lu/stat/TableViewer/tableView.aspx?ReportId=13558&IF\\_Languag e=fra&MainTheme=4&Fld rName=9&RFPPath=2222](https://statistiques.public.lu/stat/TableViewer/tableView.aspx?ReportId=13558&IF_Languag e=fra&MainTheme=4&Fld rName=9&RFPPath=2222)

<sup>10</sup> <https://statistiques.public.lu/catalogue-publications/analyses/2021/PDF-Analyses-02-2021.pdf>





Input moosst, den Output (dat heescht Innovatioun, nei Produiten offriieren, nei Prozeduren ëmsetzen etc.) ass awer och wichteg, an an deem Beräich steet Lëtzebuerg gutt do. Mir sinn zum Beipill op der 7. Plaz vum Klassement fir 2021 vum „European Innovation Scoreboard“<sup>11</sup> an domat am Grupp vun de „bemierkenswäerten Innovateuren“.

D'Objektiv vun der Fuerschungsintensitéit ass wichteg, net zulescht och am internationale Kontext. Esou een Zil beweist och d'Volontéit vun der Regierung, weiderhin a Fuerschung an an Innovatioun ze investéieren an de Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg ze stäerken an auszebauen. Dësen Inputindicateur sollt allerdéngs net kontextonofhängeg betruecht ginn a bilt just een Aspekt vun engem méi komplexe Sektor of. Dofir sollt en och ergänzt gi mat méi output- an impaktorienteierten Ziler, esou wéi dat och am Koalitionsaccord festgehal gouf an iwwert d'Conventions pluriannuelles ëmgesat gëtt.

Onofhängeg vun der Fuerschungsintensitéit mécht d'Regierung weider grouss Efforte fir d'R&D an d'Innovationspolitik ze stäerken. Wat d'R&D vum private Sektor ugeet, wäert d'Regierung déi Efforte weiderféieren, déi se duerch d'Verdeele vu Stipendien, Ënnerstëtzungstrukturen, déi Betriber an hir Fuerschungs- an Innovationsprojeten ënnerstëtzen. Donieft huet de Wirtschaftsministère eng digital Wirtschaftsstrategie (Data-Driven Innovation Strategy for the Development of a Trusted and Sustainable Economy in Luxembourg) opgestallt, déi als Zil huet, Innovationspolitik an Infrastrukturen ausbau ze koordinéieren fir eng sécher, vertrauensbaséiert Datwirtschaft ze erlaben. Verschidden Aktiounen a Projeten aus dëser Strategie wäerten och derzou bäidroen, d'Fuerschungsintensitéit am Privatsektor ze stäerken, zum Beispill den High Performance Computing (HPC) a seng Uwendungen oder den Digital Innovation Hub (L-DIH), als Plattform fir Betriber Zougang zu Expertisen an de Beräicher vun der digitaler Strategie an hirer technologescher Ëmsetzung ze ginn.

**Question 5688** (04.02.2022) de **M. Laurent Mosar** (CSV) concernant la **taxonomie verte décidée par la Commission européenne** :

La Commission européenne a récemment décidé de classifier la production d'énergie de source nucléaire et à partir de gaz fossile parmi les activités économiques ayant un impact favorable sur l'environnement.

D'après un article récemment paru dans « Les Echos », le secteur financier et bancaire obtiendrait avec cette décision le feu vert pour investir dans ces deux sources d'énergie.

Il est un fait qu'au Luxembourg, les OPC investis dans des activités économiques dites « durables » peuvent profiter à partir de certains seuils (à partir d'au moins 5 %, 20 %, 35 % et 50 %) de taux réduits en matière de taxe d'abonnement.

C'est ainsi que j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre des Finances :

1) Des investissements dans le secteur gazier et nucléaire seront-ils à l'avenir éligibles pour l'octroi de taux réduits en matière de taxe d'abonnement ?

a) Dans l'affirmative, Madame le Ministre entend-elle revoir la loi du 17 décembre 2020 concernant les organismes de placement collectif pour en exclure les investissements précités ?

b) Dans la négative, quelles en sont les raisons ?

2) La décision de la Commission européenne aura-t-elle un impact sur d'autres textes législatifs et réglementaires, fiscaux ou autres, luxembourgeois ?

a) Dans l'affirmative, quels sont ces textes ?

b) Quel en est l'impact concret sur les acteurs de la place financière, y compris la Bourse de Luxembourg ?

3) Plus généralement, Madame le Ministre considère-t-elle que la décision de la Commission européenne aura un impact plutôt positif ou négatif pour notre place financière ?

**Réponse commune** (07.03.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances*, et de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

La possibilité pour les OPC luxembourgeois de bénéficier d'un taux réduit de la taxe d'abonnement

en cas d'investissements dans des activités durables a été introduite par la loi budgétaire pour l'année 2021, moyennant une référence à l'article 3 du règlement UE 2020/852 sur la taxonomie européenne. Cette approche a été adoptée afin que le secteur des OPC luxembourgeois, qui sont actifs au niveau international et à l'échelle de l'UE, puisse se référer à un cadre et à des définitions identiques dans chaque État membre.

La taxonomie est arrêtée via un règlement européen et est donc d'application directe dans tous les États membres, y compris au Luxembourg. Cela vaudra également pour l'acte délégué complémentaire sur l'inclusion de l'énergie nucléaire et du gaz fossile dans la taxonomie, dont la procédure d'adoption est encore en cours. Or, ceci n'empêche pas le Luxembourg à développer le moment venu des standards ou labels en matière de durabilité qui seront encore plus ambitieux que ce qui est actuellement prévu dans la taxonomie. Le Luxembourg est par ailleurs en train de préparer la voie d'un recours légal contre l'acte délégué en question.

Enfin, la taxonomie dans son intégralité est encore en phase d'élaboration. Plusieurs actes devront encore suivre, notamment dans le domaine de la biodiversité, de l'économie circulaire, mais également pour couvrir le volet social et gouvernance. Le Gouvernement surveillera ces évolutions de près, analysera leur impact et avisera le moment venu sur la nécessité ou non d'adapter son cadre réglementaire.

**Question 5694** (04.02.2022) de **M. Claude Lamberty** et **Mme Carole Hartmann** (DP) concernant l'**infrastructure sportive** :

De Sport huet duerch déi kierperlech Aktivitéit positiv Auswirkungen op d'Gesondheet an ass domat e wichtigen Deel vun engem equilibriierten Alldag. Donieft ginn d'Perséinlechkeet, d'Responsabilitéit an och den Teamgeescht gestärkt, a besonnesch fir d'Kreativitéit, d'Selbstvertrauen an déi sozial Bindungen bei de Kanner, ass de Sport vu grousser Bedeutung. Net ze vergiessen ass och, dass Integration an Inclusioun duerch de Sport erliichtert kënne ginn.

Fir eng erfollegräich Ausféierung vum Sport schafe funktionell an zäitgeméiss Infrastrukturen d'Basis. An deem Kontext ass den Ausbau an Développement vun enger Panoplie vu Sportinfrastrukturen, déi dem Populationswuesstem vun deene leschte Jore Rechnung dréit, onëmgänglech.

An deem Kader wollte mir der Madamm Innemintesch an dem Här Sportsminister folgend Froe stellen:

1. Kënnt Dir eis matdeele fir wéi vill Sportinfrastrukturen (Sportzenteren, Sportshalen, Multisporten, Schwämmen, Fussballterrainen etc.) am Joer 2021 Subside vun de Gemengen ugefrot goufen?

2. Wéi vill vun dësen Demandé gouf Rechnung gedroen?

3. Wat sinn déi eenzel, a wat ass den totale Montant, deen d'Gemengen als Subside fir d'Joer 2021 accordéiert kruten?

4. Fir wéi vill Sportinfrastrukture goufe vun 2015-2020, pro Joer opgedeelt, Subside vun de Gemengen ugefrot?

5. Gëtt et e globaalt Dokument, dat all déi méiglech finanziell Ënnerstëtzung fir Sportinfrastrukture virgesäit?

6. Wann net, sidd dir gewëllt, fir de Gemengen, e „Guide pratique Subsidien“ mat de méigleche Montanten oder de Prozentsätz, de Konditiounen an der Kontaktperson zur Verfügung ze stellen?

7. Deelt Dir eis Meenung, dass et opportun wier, e Portal mat enger nationaler Kartographie an d'Liewen ze rufen, op där all öffentlech Sportinfrastrukturen uechtert d'Land, déi fir de Public zougänglech sinn, festgehal ginn? Wann net, firwat net?

**Réponse commune** (10.03.2022) de **M. Georges Engel**, *Ministre des Sports*, et de **Mme Taina Bofferd**, *Ministre de l'Intérieur* :

Virop sief gesot, dass de Beräich vun de finanziellen Hëllef vum Staat fir de Bau oder d'Renovatioun vu Sportinfrastrukturen iwwert d'Gesetz vum 18. Juli 2018 betreffend den eelefte Fënnfjoresplang vu Sportekipementen, respektiv iwwert d'Ausféierungsbestëmmunge vum 1. August 2018 gereegelt ass.

Am Prinzip ginn déi jeeweileg Demanden dann och am Sportministère traitéiert, den Inneministère ass an der interministerieller Kommissioun vertrueden, déi am Règlement virgesinn ass.

ad 1. Am Joer 2021 waren et 101 Demandé fir 96 Infrastrukturen. Fir verschidden Infrastrukture kënnen e puer verschidden Demandé gemaach ginn, a

Funktioun vun de jeeweilege Budgetsartikelen vun der Gemeng.

ad 2. 6 Demandé konnten net berücksichtegt ginn, deenen anere gouf Rechnung gedroen oder si sinn a Bearbechtung.

ad 3. (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 4. (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 5. + 6. Déi entsprecheend Modalitéit ginn duerch d'Bestëmmunge vun den uewe genannte gesetzlechen a reglementareschen Dispositiounen gereegelt an encadréiert.

Zousätzlech dozou schafft de Sportministère un engem entsprecheend Vademecum. Iwwert de Portal SAPS/Infrasport besteet des Weideren e reegelméisseg Austausch mat de Gemengen.

Et ass ugeduecht, am Kader vun der besteeënder Plattform sou e Portal anzerichten.

**Question 5695** (07.02.2022) de **M. Marc Spautz** (CSV) concernant la **production de puces électroniques** :

An engem rezenten Interview huet den EU-Kommissär fir de Bannemaart Thierry Breton ugekënnegt, bis 2030 eng 45 Milliarden Euro an déi europäesch Chip-Produktioun wëllen ze investéieren an esou zu enger Weltmuecht an dësem Beräich ze ginn.

Konkreet sot den Här Breton: „Wenn wir in den Märkten der Zukunft zu den führenden Kräften gehören wollen und nicht nur der Subunternehmer von wem auch immer sein wollen, muss die EU jetzt handeln ... Ein Europa der Mega-Fabriken, das den Eigenbedarf sicherstellen kann und zugleich die Weltmärkte erobern und exportieren kann.“

Fir onofhängeg vun den Hauptproduzenten Taiwan, Südkorea, China an Amerika ze ginn, misst Europa selwer Produktionskapazitéit fir Chippen opbauen, z. B. duerch de Bau vun e puer Mega-Fabriken.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Wirtschaftsminister stellen:

- Huet Lëtzebuerg scho säin Interesse fir esou eng Fabrick gemellt?

- Ass den Här Minister amgaange proaktiv, fir de Standuert Lëtzebuerg ze werben?

- Hat den Här Minister an deem Sënn scho Kontakt mat de weltgréissten Chip-Hersteller?

- Ka Lëtzebuerg e Standuert fir esou eng Mega-Fabrik proposéieren?

- Wann net, ass scho gekuckt, e passende Standuert an der Groussregioun ze fannen?

**Réponse** (04.03.2022) de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie* :

Der Europäescher Kommissioun hir Proposition fir en „EU Chips Act“ gouf den 8. Februar 2022 virgestallt. D'Haaptelement vun dësem ambitiöse Pak ass eng Proposition fir e Règlement, dat eng Rei Finanzéierungsinstrumenter zur Verfügung stellt, d'Méiglechkeet schafft, Referenzproduktiounssitten an Europa ze ernenne souwéi och eng Koordinatioun tëscht der EU-Kommissioun an de 27 Memberstaaten op d'Bee stellt.

D'Verhandlungen zu dëser Proposition wäerten an deenen nächste Wochen ënner franséischer Présidence vum Conseil ufänken, dëst am Conseil compétitivité, an deem Lëtzebuerg vum Wirtschaftsminister vertrueden ass. Well fir dës Proposition d'Prozedur vun der „Co-Decision“ gëllt, muss en Accord mam Europaparlament fonnt ginn, ier den Text kann ugeholl ginn. Et ass also gutt méiglech, dass de geneeën Inhalt vum Règlement am Laf vun de Verhandlungen nach ännert an ugepasst gëtt, och wat déi zukünfteg Prozedur fir d'Ausweise vun EU-Produktiounssitten ugeet.

D'Regierung setzt sech zanter Jore fir eng proaktiv a strateegesch orientéiert Industriepolitik op EU-Niveau an. Dofir begreist de Wirtschaftsministère d'Ziler an d'Ambitioun vum „Chips Act“, fir d'Produktioun an Europa ze stäerken an d'Ofhängegkeet vun Drëttstaaten ze reduzéieren. D'Servicer vum Wirtschaftsministère hunn hir Analys vun dëser neier Proposition direkt no hirer Adoptioun ugefaangen, zemoos an der Optik fir d'Interesse vu Lëtzebuerg a vu senge Betriber ze identifizéieren, dëst net nëmmen aus der Perspektiv vun engem Produktiounssite, mee och fir eventuell Lëtzebuerger Zouliwwer vun esou enger Produktioun.



**Question 5700** (07.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant les **contrats zéro heure dans le secteur public** :

Mengen Informatiounen no gëtt a mindestens enger Maison relais am Land d'Praxis ugewannt, dass Remplaçanten zu sougenannten „Null-Stonne-Kontrakter“ agestellt ginn. Dat Besonnescht bei dëse Kontrakter ass, dass d'Mindestbeschäftigungsdauer bei null Stonne läit. Sou muss den Employé just aktiv ginn, falls den Employeur e Besoin artikuliert. Dat féiert dozou, dass dës Remplaçanten nëmmen op d'Stonn remuneréiert ginn. Falls si also am Krankeschäi sinn oder a Quarantän/Isolatioun mussen, gi si also net bezuelt an de Patron cotiséiert och net weider fir si.

An deem Zusammenhang wëilt ech de Ministère fir Öffentlechen Déngscht an Aarbecht dës Froe stellen:

1. Ass d'Praxis vun den „Null-Stonne-Kontrakter“ zu Lëtzebuerg vum Code du travail ofgedeckt?

2. Ginn et „Null-Stonne-Kontrakter“ am öffentlechen Déngscht?

- Falls jo, wéi vill „Null-Stonne-Kontrakter“ zielt den öffentlechen Déngscht?

- Falls jo, fannen d'Ministère et sozial gerecht d'Employée gläichzäitig ze bannen, hinnen awer keng Garantie fir ee feste Kontrakt an eng sozial Ofsecherung ze ginn?

**Réponse commune** (08.03.2022) de **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique*, et de **M. Georges Engel**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire* :

De konkrete Fall op deen sech den honorabelen Députéierte bezitt, ass der Regierung net bekannt.

Déi sougenannten Null-Stonne-Kontrakter sinn net vum Code du travail ofgedeckt an d'Regierung ënnerstëtzt dës Aart vu Kontrakter och net, well se déi concernéiert Leit an d'Prekaritéit féiert.

D'Regierung ënnersträicht, dass et am öffentlechen Déngscht keng Null-Stonne-Kontrakter ginn.

**Question 5702** (07.02.2022) de **MM Fred Keup** et **Jeff Engelen** (*ADR*) concernant les **experts « bruit »** :

De Kaméidi, deen duerch de Stroosseverkéier, Lof-tverkéier, Schinneverkéier an duerch Fräizäitaktivitéiten entsteet, huet Auswirkungen op d'Gesondheet vun Mënsch. Wëssenschaftlech Etüden hu gewisen, datt de Kaméidi nieft aurale Wirkungen - d. h. d'Gehéier schiedegend - och eng ganz Rei vun extraaurale Wirkungen - d. h. negativ Auswirkungen op dat seilescht a kierperlecht Wuelbefannen, op d'Leeschungsfaegkeet, op d'Aarbechtssécherheet, op d'Sproochverständlechkeet etc. - huet.

Duerch de staarke wirtschaftlechen an demographesche Wuesstem zu Lëtzebuerg ass unzuhuelen, datt d'Belaaschtung duerch de Kaméidi, net just duerch de Verkéier, zouhuele wäert.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi vill Experts „bruit“ schaffen den Ament um Ëmweltministère, fir sech mat där uewe genannten Problematik ze beschäftegen?

2. Wéi vill Experts „bruit“ goufen an de Joren 2019, 2020 an 2021 vum Ëmweltministère agestellt?

3. Wéi eng Qualifikatioun hunn dës Experts „bruit“, déi beim Ëmweltministère schaffen?

**Réponse** (08.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. D'legal Basis fir déi spezifesch Aarbecht am Beräich Kaméidi ass d'Loi du 21 juin 1976 relative à la lutte contre le bruit an ënnert deem Gesetz gëtt zum Beispill de Kaméidi vun deene verschiddene Verkéiersmode vum Règlement grand-ducal du 2 août 2006 portant application de la directive 2002/49/CE du Parlement européen et du Conseil du 25 juin 2002 relative à l'évaluation et à la gestion du bruit dans l'environnement gereegelt. An dësem Beräich schafft bei der Ëmweltverwaltung dräi Persounen, déi als Expert zu 2.55 ETP haaptsächlech dem Thema Kaméidi dediéiert sinn.

Et sief awer ze bemerken, datt doriwuer eraus a villen aneren Dossieren d'Kaméidibelaaschtung oft wichteg ass an datt se deen Ament am Kader vun dësem Dossier matgeréiert gëtt. Als Beispill kann een hei d'Geneemegunge bei den Établissements classés oder och d'Kontrolle bei de Betriber a Chantieren nennen. Hei kann d'Wichtegkeet vun der Kaméidisproblematik vun engem Dossier zum anere ganz verschidde sinn. Agenten, déi dës Dossieren traitéieren, hu bei der Ëmweltverwaltung net an eischer Linn de Rôle vun engem Expert „bruit“, och wann eng Rei vun dësen Agenten Expertisen am Beräich Kaméidi hunn, déi vereenzelt ganz developéiert ass.

<sup>11</sup> <https://odc.gouvernement.lu/fr/actualites/mes-actualites/2021/eu-eis-2021.html>





ad 2. An deene genannte Jore gouf bei der Ëmweltverwaltung een neien Expert bruit (1 ETP) rekrutéiert.

ad 3. Déi dräi Persounen, déi als Expert bruit bei der Ëmweltverwaltung schaffen, hu mindestens e Master an engem Domaine scientifique, eng spezifesch Formatioun fir de Kaméidi a méijäreg Beruffsexperienz am Beräich Kaméidi.

**Question 5705** (08.02.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant le **contact tracing** :

Leit, déi positiv op Covid-19 getest goufen, sief et duerch een Antigenschnelltest oder een zertifizierte PCR-Test, sinn dru gehalen, hiert Resultat op <https://covidtracing.public.lu/> ze mellen. Et ass awer sou, datt et hei am Land vill, besonnesch eeler Leit gëtt, déi keen Internetzougank hunn an och keng Persoun kennen, déi fir si d'Informatioun op deem genannte Site kéint androen.

Verkomplizéiert gëtt d'Situatioun vun dese Leit dann oft doduerch, dass si telefonesch net bei der Santé duerkommen, och wa si dat puermol versichen an dobäi laang waarden, an der Hoffnung, datt d'Linn fräi gëtt. Verschidde Leit ginn et dann op, hiert positiiv Testresultat den Autoritéite matzedeelen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsminister:

1. Wéi sollen déi Leit an där beschriwwener Situatioun reagéieren?

2. Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt et duergeet, wann dës Leit an deem Fall just deene Persoun Bescheed soen, mat deene si an enkem Kontakt waren?

**Réponse** (09.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

D'Gesondheitsdirektioun setzt alles dorun, de Leit eng Hëllefstellung ze leeschten, wann si e positiiv Resultat vun engem Schnelltest hunn. Den einfachste Wee ass effektiv, säi positive Schnelltest iwwer de Site [www.covid19.lu](http://www.covid19.lu) ze mellen, sou datt déi concernéiert Leit bannent 24 Stonnen eng Ordonnance kréien, fir e PCR-Test maachen ze goen. Déi Leit, déi keen Zouggrëff hunn op den Internet kënnen eng aner Persoun froen, dëst fir si ze maachen oder sech effektiv bei der Covid-Helpline mëllen. D'Unzuel u Leit, déi op der Helpline schaffen, ass an deene leschte Wochen eropgesat ginn, sou datt de gréissten Deel vun den Appeller en charge kënnen geholl ginn.

Déi Leit, déi e positive Schnelltest hunn, kënnen sech och bei hirem Hausdokter mellen an him matdeelen, datt si e positive Schnelltest hunn. An deem Fall kann och hiren Hausdokter hinnen eng Ordonnance opschreiwen fir e PCR-Test.

Allgemeng gëllt, datt Leit, déi e positive Schnelltest hunn, och wann si nach kee PCR-Test gemeet hunn, fir dëst ze bestätegen, sech sou gutt wéi méiglech isoléieren an déi Leit, mat deenen si iwwert déi lescht Deeg am noe Kontakt stoungen eventuell iwwer hire positive Schnelltest informéieren.

**Question 5707** (08.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant les **heures d'ouverture des guichets de la CNS** :

Duerch d'Covid-19-Pandemie sinn d'Guichete vun der CNS am Moment nëmme mat Rendez-vous accessible, wann ee säi Remboursement vun enger Dokteschrechnung wëll per Chèque froen. Dee Rendez-vous kann een iwwert guichet.lu fixéieren.

An deem Zesummenhang wëlt ech dem Minister fir Sozialversécherung dës Froe stellen:

1. Wat sinn an der Moyenne d'Waardezäiten, wann een ee Rendez-vous per guichet.lu hëlt, fir ee Remboursement?

2. Wäerten d'Guichete vun der CNS erëm fir Remboursementer ouni Rendez-vous opgoe wann d'Covid-19-Situatioun sech berouegt huet?

3. Kann de Minister garantéieren, dass ee Remboursement ouni Rendez-vous an Zukunft wäert méiglech bliwen?

**Réponse** (04.03.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1. Saitdeem de Rendez-vous-System bei der Gesondtheitskeess agefouert gouf, konnt den Assuré an der Reegel schonn den Dag selwer oder spéitstens den Dag dono empfaange ginn. An ausergewéinleche Situatiounen, am Zesummenhang duerch engersäits d'Unzuel vun den Ufroen fir e Rendez-vous an anerersäits duerch den Impakt vun der Pandemie op d'Disponibilitéit vun den Agenten, konnt d'Waardezäit an den Agencen zu Esch an zu Déifferdeng bis zu dräi Deeg sinn. Allerdéngs waren ëmmer Rendez-vousen an Agencen an der direkter Ëmgéigend disponibel.

ad 2. Zum aktuellen Zäitpunkt ass et net virgesinn dëse System ofzeschaffen, well d'Praxis dovun vill Virdeeler fir den Assuré a fir den Agent bitt. Et huet sech nämlech erausgestallt, dass den Agent vun der CNS während engem Rendez-vous dem Assuré an och dem Traitement vum Dossier vill méi Zäit consacréiere kann, wouduerch d'Qualitéit vum Service fir den Assuré eropgeet.

Des Weiteren ass mat deem System kaum bis guer keng Waardezäit fir den Assuré.

Och huet sech erausgestallt, dass dese System déi néideg Diskretioun fir d'Traitement vun den Dossieren erliichtert, well vill manner Persounen an der Agence sinn.

ad 3. Duerch d'Digitalisationsefforten, déi aktuell gelescht ginn, fir an noer Zukunft kënnen d'Prise en charge vun de Rechnungen vun den Assuréeen direkt ze assuréieren, wäert et u sech net méi néideg sinn, datt d'Assuréeen an eng Agence musse goen, fir e Remboursement ze kréien.

Bis datt dese System voll a ganz operationell ass, ass et awer virgesinn, datt an der Zukunft d'Assurée kënnen an de Guichet goen, fir e Remboursement ze kréien, ouni e Rendez-vous am Viraus ze huelen.

**Question 5710** (08.02.2022) de **MM. Gilles Roth** et **Laurent Mosar** (*CSV*) concernant la **protection accordée aux ressortissants luxembourgeois dans le cadre de demandes d'extradition émanant de pays tiers** :

Le cas de la demande d'extradition d'un ancien agent du Service de renseignement luxembourgeois vers les États-Unis a déferlé les chroniques ces derniers temps. Fait insolite dans cette affaire : d'après des informations récemment parues dans la presse écrite, il semblerait que la justice française a été rapprochée des autorités judiciaires françaises pour savoir si le Luxembourg entendait « s'approprier » le dossier. Il se trouve toutefois que les autorités judiciaires ont décliné.

C'est dans ce contexte que nous aimerions poser les questions suivantes à Madame le Ministre de la Justice :

1) Madame le Ministre peut-elle confirmer les informations relatives ci-dessus ?

2) Quelles possibilités s'offrent aux autorités judiciaires pour s'approprier l'affaire d'un ressortissant entre les mains des autorités judiciaires d'un État membre de l'Union européenne et dont l'extradition est demandée par les autorités d'un pays tiers ?

3) Suivant quels critères les autorités judiciaires luxembourgeoises sont prêtes à s'occuper de ressortissants luxembourgeois détenus dans un État membre de l'Union européenne et pour en empêcher l'extradition vers un pays tiers ?

4) Madame le Ministre peut-elle me fournir les données sur le nombre de mandats d'arrêt européen émis par les autorités judiciaires luxembourgeoises à l'égard de ressortissants luxembourgeois, détenus dans un autre État membre de l'Union les 20 dernières années ?

**Réponse** (08.03.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1) Il ne m'appartient pas de commenter ou de confirmer des informations concernant une procédure judiciaire. Je tiens néanmoins à préciser, dans un ordre d'idées générales, que le fait que les autorités judiciaires d'un État membre, saisies d'une demande d'extradition par un État tiers, contactent les autorités judiciaires de l'État membre d'origine de la personne concernée ne constitue pas un « fait insolite », mais découle directement de la jurisprudence de la Cour de justice de l'Union européenne, plus amplement développée ci-dessous.

ad 3) + 4) Lorsqu'une situation, telle que celle faisant l'objet de la question parlementaire, se présente, les deux États membres de l'Union européenne (ci-après « UE ») concernés sont tenus d'appliquer une jurisprudence de la Cour de justice de l'UE, qui a jugé dans un arrêt de la grande chambre du 6 septembre 2016 (arrêt C-182/15 « Petruhhin ») ce qui suit :

« Par ces motifs, la Cour (grande chambre) dit pour droit :

1) Les articles 18 et 21 TFUE doivent être interprétés en ce sens que, lorsqu'un État membre dans lequel un citoyen de l'Union, ressortissant d'un autre État membre, s'est déplacé, se voit adresser une demande d'extradition par un État tiers avec lequel le premier État membre a conclu un accord d'extradition, il est tenu d'informer l'État membre dont ledit citoyen a la nationalité et, le cas échéant, à la demande de ce dernier État membre, de lui remettre ce citoyen, conformément aux dispositions de la décision-cadre 2002/584/JAI du Conseil, du 13 juin 2002, relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres, telle que modifiée par la décision-cadre 2009/299/

JAI du Conseil, du 26 février 2009, pourvu que cet État membre soit compétent, en vertu de son droit national, pour poursuivre cette personne pour des faits commis en dehors de son territoire national.

2) Dans l'hypothèse où un État membre est saisi d'une demande d'un État tiers visant à extraditer un ressortissant d'un autre État membre, ce premier État membre doit vérifier que l'extradition ne portera pas atteinte aux droits visés à l'article 19 de la charte des droits fondamentaux de l'Union européenne. ».

La mise en pratique du principe retenu par l'arrêt Petruhhin suppose donc une compétence territoriale des autorités luxembourgeoises pour connaître des infractions à la base de la demande d'extradition. La question de la compétence territoriale s'apprécie au regard des critères fixés aux articles 5 et 5-1 du Code de procédure pénale. L'appréciation de la compétence territoriale étant factuelle, elle présuppose une connaissance plus ou moins détaillée des faits à la base des poursuites pénales menées dans l'État tiers.

À supposer que les autorités luxembourgeoises concluent à leur compétence territoriale au regard des dispositions légales précitées pour connaître d'infractions commises par un ressortissant luxembourgeois à l'étranger, le ministère public décide, en opportunité, des suites à réserver à l'affaire. En cas de décision de poursuivre, le ministère public requiert, sur base du dossier pénal entre ses mains, l'ouverture d'une instruction, et la délivrance d'un mandat d'arrêt européen, acte d'instruction qui relève de la compétence d'un juge d'instruction. Selon l'article 1<sup>er</sup>, paragraphe 4, de la loi modifiée du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne, le mandat d'arrêt européen doit contenir, entre autres mentions, une indication précise des circonstances de temps et de lieu de la commission des infractions et un libellé concis des infractions mises à charge de la personne visée par ledit mandat, ainsi que la définition du degré de participation de cette personne aux infractions libellées.

Afin de pouvoir satisfaire à ces exigences légales, les faits à la base de l'affaire doivent au moment de la délivrance dudit mandat :

- soit avoir fait l'objet d'une enquête approfondie par les services de la Police grand-ducale dans le cadre d'une affaire nationale préexistante ayant porté sur les faits objets de la demande d'extradition,

- soit avoir fait l'objet d'une dénonciation officielle, accompagnée des actes d'enquête et de procédure d'ores et déjà posés à l'étranger, par l'État tiers sur le territoire duquel les infractions ont été commises.

En outre, il ne faut pas perdre de vue que l'État membre de l'UE, saisi de la demande d'extradition par le pays tiers, est tenu de respecter les délais propres à cette procédure, de sorte que l'émission d'un mandat d'arrêt européen par un juge d'instruction luxembourgeois devrait se faire dans un laps de temps très rapproché après réception, conformément à la jurisprudence « Petruhhin », de l'information d'une demande d'extradition dirigée contre un ressortissant luxembourgeois.

ad 4) Les autorités luxembourgeoises ne disposent pas de données relatives au nombre de mandats d'arrêt européen émis depuis l'entrée en vigueur de la loi modifiée du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen en fonction de l'État membre de l'UE où la personne visée par le mandat d'arrêt a été détenue, mais uniquement, d'une manière générale, du nombre de mandats d'arrêt européen émis à l'encontre de ressortissants luxembourgeois en fuite et recherchés à des fins de poursuites. Ces données se présentent comme suit :

|      |   |
|------|---|
| 2012 | 0 |
| 2013 | 0 |
| 2014 | 2 |
| 2015 | 2 |
| 2016 | 3 |
| 2017 | 2 |
| 2018 | 1 |
| 2019 | 6 |
| 2020 | 2 |
| 2021 | 7 |

**Question 5712** (08.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **nouvelle application GouVID** :

Rezent huet de Minister déi nei Applikatioun GouVID virgestallt, déi et Persounen mat neier Carte d'identité erlaabt, sech iwwert de Chip aus hirer Kaart online ze identifizéieren. Wien nach keng

Carte d'identité mat Chip huet an awer eng ausgestallt kréie wëll, eier déi al ofleeft, kann esou eng Kaart bei senger Gemeng ufroen.

An deem Zesummenhang wëlt ech dem Minister Ëffentlechen Déngscht dës Froe stellen:

- Wäert GouVID och am Privatsektor kënnen zum Asaz kommen, fir et privaten Acteuren ze erméiglechen, Clienten iwwer GouVID ze identifizéieren?

- Falls jo: Bis wéini ka mat engem Asaz am Privatsektor gerechent ginn? Falls nee: Firwat soll de System op staatlech Demarche limitéiert ginn?

**Réponse** (08.03.2022) de **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à la Digitalisation* :

D'Certificate vun der Carte d'identité, déi een och mat engem spezifesch Kaartelieser ka benotze fir ënner anerem eBanking bei verschiddene Banken ze maachen, kann een zanter Kuerzem och dank der GouVID Applikatioun verwende fir sech bei staatleche Services ze identifizéieren an Demarchen ze ënnerschreiwen. De Smartphone gëtt hei als Kaartelieser benotzt an erlaabt et esou sech op eng ergonomesch Manéier mat senger Carte d'identité op Sitte wéi dem MyGuichet.lu ze connectéiere wann een seng Certificater aktivéiert huet.

D'GouVID Applikatioun kann an der aktueller Phase just op staatleche Portailen, déi vum Zenter fir Informatiounstechnologïe vum Staat (CTIE) bedriwwen ginn, benotzt ginn.

E Gebrauche vun dëser neier App op externe Plattformen, erfuerdert ënnert anerem am Virfeld Upassungen an der Applikatioun a virun allem spezifesch Developpementen op deene jeeweileg externe Sitten.

**Question 5713** (08.02.2022) de **M. André Bauler** (*DP*) concernant le **countournement de Hosingen** :

De Bau vum Contournement vun Housen ass am Summer d'lescht Joer an der Chamber gestëmmt ginn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Wéi gesäit de geneeën Timing vum Chantier aus? Wéini kéinten d'Aarbechten ufänken?

2. Ass d'Ausschreibungsprozedur schonn ugelaft?

3. Wat soen déi geologisch Studien iwwer den Zustand vum Terrain aus, op deem den Tracé realiséiert soll ginn?

4. Wat fir eng spezifesch Kompensationsmoossname mussen duergéfuert ginn?

**Réponse** (09.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. + 2. Zum Timing vum Chantier kann ee soen, dass de Soumissionsdossier fir dat éischt Lous (Tranchée couverte, Lot b1) momentan vun der Stroossebauverwaltung finaliséiert gëtt a wann all déi néideg Ëmweltgeneemegunge virleien, kann dann och uschléissend d'Ausschreibungsprozedur gestart ginn.

Deementspriedend kéint ee fréistens Enn 2022 mam éischten Deel vum Contournement ufänken.

ad 3. Wat de weideren Tracé no der Fäerdegstellung vum éischten Lous ubelaangt, si just plazeweis geologesch Studien am Beräich vun den Ouvragen nach net ofgeschloss. D'Erkenntnesser aus dëse Studië fléissen uschléissend an den Exekutiouns-dossier an. Dës Erkenntnesser kënnen dann en Afloss op den Typ an d'Déift vun de Fondatiounen hunn.

ad 4. Wat d'Kompensationsmoossname betreffend de Projet vum Contournement vun Housen ubelaangt, schaffen d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an de Minister fir Mobilitéit an den ëffentlechen Aarbechten enk zesummen, fir déi beschte Léisunge fir d'Ëmwelt ze fannen.

Sou sinn zum Beispill direkt beim Contournement Magerwiesen, Bëschstrukturen, Hecken, an esou weider virgesinn.

Zousätzlech gëtt fir d'Villercher, wéi den Neuntöter an d'Feldlärche, an der direkter Ëmgéigend een neie Liewensraum geschaaft.

Et ass och geplangt, eng Wëldebréck iwwert de Contournement ze bauen, dës steet awer a Relatioun zu de Kompensationsmoossnamen am Kader vum Projet vun der Transversale vu Klierf.

**Question 5715** (08.02.2022) de **Mme Martine Hansen** (*CSV*) concernant le **bilan des objectifs climatiques sectoriels** :

Op eng Fro an der Chamber iwwert de Bilan vun de sektorielle Klimaziler vun 2021 an eventuelle Kom-





pensatiounen tëschent de 5 Secteuren huet d'Madamm Ëmweltminister präziséiert, dass fir d'Joer 2020 d'Zilsetzung vun 20 % mat 22 % iwwertraff ginn ass. Déi gréisst Resultater goufen am Beräich vum Transport realiséiert, an de Beräicher Industrie, Bau an och Landwirtschaft missten awer nach méi Ustrengungen ënnerholl a Zousazmesuren ergraff ginn. Zesumme mat den eenzelen Acteuren, déi am Klimagesetz festgehal e sinn, wéi de Comité interministériel oder de wëssenschaftleche Bäirot, soll gekuckt ginn, wou een an deenen uewe genannte Beräicher, wou nach Defiziter bestinn, kann noleeën.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltg Entwécklung follgend Froe stellen:

- Wéini sollen déi eventuell geplangten Zousazmoosnamen decidéiert ginn?

- Wéi eng Zousazmoosname kënnen an der Landwirtschaft a Fro kommen?

- Gi bei der Ausaarbechtung vun eventuellen Zousazmoosname Leit vum Secteur matagebonnen a wéi gesäit déi Abannung aus?

**Réponse** (08.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

D'sektoriell Klimaziler, déi am Klimagesetz vum 15. Dezember 2020 verankert sinn an déi duerch e „projet de règlement grand-ducal“ präziséiert ginn, betreffen d'Joren 2021 bis 2030. De provisoeresche Bilan vum Joer 2021 wäert, esou wéi am uewe genannte „projet de règlement grand-ducal“ festgehal, Enn Juli 2022 erstallt ginn an den definitive Bilan wäert spéitstens de 15. Mäerz 2023 virleien.

De „Comité interministériel pour l'action climat“ wäert d'Bilanen vun der Ëmsetzung vun de Klimaziler analyséieren, fir esou de Progrès esouwuel um nationale wéi och um sektoriellen Niveau ze evaluéieren. Des Weideren huet de Regierungsrôt den interministerielle Comité beoptraagt, fir innerhalb vun dräi Méint no der Publikatioun vum järeleche Bilan nei Moosnamen ze proposéieren, déi noutwenneg sinn, fir déi national a sektoriell Ziler ze erreechen. Et wier also haut verfréit, fir präzis Aussoen iwwer eventuell Zousazmoosnamen an der Landwirtschaft ze maachen.

Esouwuel d'„Plateforme pour l'action climat et la transition énergétique“ wéi och den „Observatoire de la politique climatique“ wäerten an der Evaluatioun vun der nationaler Klimapolitik bedeelegt sinn.

**Question 5719** (09.02.2022) de **M. Léon Gloden** (CSV) concernant le **budget de l'Union européenne** :

Dans un communiqué de presse du 4 février 2022, les Ministères des Finances et des Affaires étrangères et européennes font savoir que :

« La Commission européenne vient de procéder à sa traditionnelle régularisation des contributions nationales de tous les États membres au budget de l'Union européenne au titre des ressources propres fondées sur le revenu national brut (RNB) et la taxe sur la valeur ajoutée (TVA). L'objectif de cet exercice annuel est de garantir l'équité et l'égalité de traitement des États membres sur base de données actualisées reflétant la performance économique effective de chaque pays.

Aux fins de cette régularisation, la Commission européenne a recours à des données mises à jour qui lui sont fournies par les instituts nationaux de statistique en automne de chaque année. Dans le cadre de cette procédure, le Statec a procédé en 2021 à une actualisation des statistiques économiques, avec pour effet une revue à la hausse du RNB du Luxembourg sur la période 2010-2020, illustrant la bonne performance de l'économie luxembourgeoise au cours de la dernière décennie.

Il en résulte de cet exercice de régularisation une contribution additionnelle du Luxembourg pour la période 2010-2020 de 246,7 millions d'euros en faveur du budget de l'UE. »

C'est dans ce contexte que j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre des Finances et à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

- Alors que les données relatives au RNB luxembourgeois ont déjà été transmises à la Commission européenne en octobre 2021, Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils m'informer si la contribution additionnelle a été « provisionnée » dans le budget de l'État pour 2022 ? À défaut, via quel mécanisme le financement de cette contribution se fera-t-il ?

- Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils m'informer sur le niveau des contributions nationales annuelles du Luxembourg au titre du budget pluriannuel de l'UE pour les périodes 2007-2013, 2014-2020 et le niveau estimé des contributions

nationales annuelles au budget de l'UE pour la période 2021-2027 ?

**Réponse commune** (10.03.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

La contribution additionnelle de 246,7 millions d'euros n'a pas été provisionnée dans le budget de l'État pour l'exercice 2022. En effet, lors de l'élaboration du projet de budget 2022, la Commission européenne n'avait pas encore procédé à la traditionnelle régularisation des contributions nationales de tous les États membres, les mises à jour des données étant fournies par les instituts nationaux de statistique à l'automne de chaque année. De ce fait, le montant du solde à payer n'était pas encore connu au moment de l'élaboration du projet de budget 2022 et il n'aurait pas pu faire l'objet d'une estimation précise sur base des seules données disponibles au Luxembourg.

Cette contribution additionnelle sera portée à charge de l'article relatif à la ressource propre fondée sur le revenu national brut (RNB) du budget du Ministère des Finances, à savoir l'article 04.0.35.001. À noter que cet article porte la mention de «crédit non limitatif», en raison de l'impossibilité inhérente de déterminer à l'avance le montant précis de la contribution luxembourgeoise au budget de l'UE.

Conformément aux dispositions du système européen des comptes «SEC 2010», le montant en question sera intégralement répercuté sur le solde de l'administration centrale en 2022.

Enfin, le niveau des contributions nationales annuelles du Luxembourg en faveur du budget de l'UE pour les périodes 2007-2013 et 2014-2020 est indiqué dans le tableau ci-dessous. Les chiffres afférents peuvent également être consultés sur le site de la Commission européenne.

([https://ec.europa.eu/info/strategy/eu-budget/long-term-eu-budget/2014-2020/spending-and-revenue\\_fr](https://ec.europa.eu/info/strategy/eu-budget/long-term-eu-budget/2014-2020/spending-and-revenue_fr))

Quant aux chiffres pour la période 2021-2027, le tableau indique les estimations provisoires du Ministère des Finances qui sont sujettes à révision.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

**Question 5720** (09.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant le **décompte annuel de la consommation du gaz** :

De Präis vum Kubikmeter Gas ass an deene leschte Méint rasant geklommen. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N° 5421, wou ech gefrot hunn, ob d'Gasliwweranten hir Clienten op dës méi héich Decompté virbereeden, huet de Minister erkläert, dass si scho méi laang hir Mensualitéite während enger Ofrechnungsperiod upassen. Oft genuch sinn d'Clientéi vun de Gasliwweranten awer d'Propriétaires vun engem Haus oder enger Wunneng an net d'Locataires. Esou kann et virkommen, dass d'Locataires eréischt méi spéit vun Erhéijunge gewuer ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministère fir Energie a Wunnengsbau dës Froe stellen:

1. Denken d'Ministernen net, dass all d'Propriétaires hir Locataires och missten informéieren, dass déi nächst Decompté mat u Sécherheet ugrenzender Warscheinlechkeet ee gutt Stéck méi héich ausfale wäerten?

2. Wäerten d'Ministernen d'Propriétaires grad ewéi d'Locatäiré méi geziilt iwwert d'Auswirkunge vun der Präishausse informéieren?

**Réponse commune** (09.03.2022) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie*, et de **M. Henri Kox**, *Ministre du Logement* :

Wann ee Locataire an engem eenzelen Haus vun engem Propriétaire wunnt, ass et méiglech, dass de Locataire selwer Client bei engem Fournisseur ass. An deem Fall kritt de Locataire selwer direkt vu sengem Fournisseur all Informatiounen, déi de Fournisseur senge Clientéi muss liwweren. Dat géllt och fir Kopropriétéiten an deenen all eenzel Wunneng säin eegene Gaszieler huet.

Allerdéngs ass an der Majoritéit vun de Fäll a Kopropriétéiten d'Situatioun eng aner. Effektiv huet normalerweis eng Kopropriétéit ee Gasuschloss mat engem Compteur fir dat ganz Gebai. Dat heescht, dass d'Kopropriétéit - oder de Syndic fir d'Kopropriétéit - ee Kontrakt mat engem Fournisseur mécht fir dat ganz Gebai. An deenen eenzele Wunnengen an an de beheizte Beräicher vun dem gemeinsam genotzten Deel vun der Kopropriétéit sinn da Wärmezieler installéiert, opgrond vun deenen dann de Verbrauch op den eenzelen Utilisateur ëmgerechent gëtt an d'Käschte verdeelt ginn. An deene Fäll huet de Fournisseur ee Gasliwwerkontrakt mam Syndic an de Syndic kritt vum Four-

nisseur all Informatiounen, déi de Fournisseur senge Clientéi muss liwweren. De Fournisseur huet keng Informatiounen iwwert d'Propriétaires oder d'Locataires, déi an deem Gebai wunnen a kann hinnen deemno och keng geziilten Informatiounen zoukomme loossen.

D'Gesetz iwwer d'Kopropriétéit vun 1975 chargéiert de Syndic mat der Gestiou vum Gebai, also och den Decompte vun de gemeinsamen Energiekäschten. Normalerweis ginn all Joer op der Generalversammlung vun der Kopropriétéit d'Decompté vun der Kopropriétéit kontrolléiert an approuvéiert, an och de Montant vun den Avancen (inklusiv Energiekäschten) fir déi nächst zweielef Méint fir all eenzele Kopropriétaire fixéiert.

An dem aktuelle Kontext ass et deemno all Syndic nëmmen ze recommandéieren, am Sënn vun enger gudder Ausféierung vu senger gesetzlecher Obligation, eng Upassung vun den Avancé betreffend d'Energiekäschten ze proposéieren an duerfir ze suergen, dass déi néideg Informatiounen zäitno bei de Propriétaires an de Locataires ukommen.

D'Thematik ass vun der Regierung och mam „Grouperment des syndicats professionnels du Luxembourg“ ugeschwat ginn, déi elo hir Memberen ugeschriwwen hunn, fir hinne folgende Message ze ginn: « Une augmentation des avances serait appropriée afin de ne pas confronter les ménages à des décomptes désagréables en fin d'année comptable. »

**Question 5721** (09.02.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant le **trafic à Wormeldange** :

Am Joer 2013 gouf an der Rue Principale zu Wuermer ee Sens unique agefouert, well zu Gréiwemaacher eng nei Bréck gebaut gouf. Nom Bau vun der Bréck gouf d'Einbanstrooss bäibehalen. D'Rue Principale gëtt vu villen däitsche Pendler als Duerchgangstrooss fir an d'Stad benotzt. Verschidden Awunner beschwéieren sech, dass de Sens unique d'Verkéiserssituatioun am Zentrum vu Wuermer zousätzlech belaauscht an hir Liewensqualitéit degradéiert, well d'Autoen am Krees duerch d'Duerf fueren.

Ee Kollektiv vun Awunner zu Wuermer huet d'Iddi opbruecht, fir een Tunnel ze schafen, dee vu Wuermer bis op d'Tréierer Autobunn (A1) féiere géif an deemno d'Rue Principale, mee och d'Ëmgangstroossen, déi vu Wuermer duerch aner Uertschaften an d'Stad féieren, entlaaschte soll.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministère fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit de Minister d'Iddi, fir mat engem Tunnel, deen op d'A1 féiere géif, d'Verkéisersopkommes op dëse Stroossen an dëser Regioun ze entlaaschten?

2. Besëtzt de Verkéisersministère Donnéeën zum Verkéisersopkommes an der Rue Principale, op der Route du Vin souwéi an der Rue de Dreiborn zu Wuermer? Falls jo, wéi vill Gefierer fueren am Duerchschnëtt während engem Schaffdag duerch d'Rue Principale, wéi vill duerch d'Route du Vin a wéi vill duerch d'Rue de Dreiborn?

3. Wéi een Impakt huet d'Afféiere vun engem Sens unique an der Uertschaft Wuermer a puncto Verkéisersopkommes a Loftqualitéit während de Spëtzenzäiten? Wat sinn d'Erfahrungswärter op anere Plazen am Land, wou ee Sens unique agefouert gouf an déi vergläichbar si mat der Situatioun zu Wuermer? Gesäit de Mobilitéitsminister d'Einbanstrooss zu Wuermer als sënnavoll un?

**Réponse** (09.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. D'Planung an de Bau vun Tunnelle sinn am Verglach zu Stroosseprojete mat engem enorm groussen Opwand verbonnen an et ass och ze betounen, dass de Betrib an de kontinuéierlechen Ënnerhalt vun Tunnellen (Ventilatioun, Beliichtung, Evakuatioun etc.) mat héijen Ufuerderungen (zum Beispill un d'Sécherheet) a Käschte verbonnen ass. Doriwwer eraus begrenzt sech de Flächeverbrauch net nëmmen op den Tunnel un sech, mee et sinn och zousätzlech Fläche fir technesch Lokaler an e konformen Uschloss u bestoend Stroosse virzegesinn. Grënn wéi de Passage vu besonnesch héije Verkéiserszuelen duerch eng geschützten Zon kënnen dozou féieren, dass en Tunnel als Alternativ zu enger „normaler“ Strooss a Fro kënn. Am Fall, wéi en hei zu Wuermer beschriwwen ass, mécht en Tunnel weeder aus ekonomeschen nach aus ökologesche Grënn, Sënn.

ad 2. Verkéiserszuele ginn et an dem Beräich fir d'Route du Vin op der Hëttermillen an tëschent Gréiwemaacher a Meechtem, wou 2021 am Schnëtt 5.514 respektiv 4.358 Gefierer pro Dag gezielt goufen. Dëst ass eng Variatioun vun +7 % respektiv vun -11 % zu 2012. Op der Wuermerbréck goufen 2021 eng 5.194 Gefierer gezielt, dëst am Verglach zu 4.950 Gefierer am Joer 2012.

ad 3. Donnéeën zu der Loftqualitéit zu Wuermer stinn eis, ausser deene vun der Ëmweltverwaltung publizéierten Donnéeën zu den NO<sub>2</sub>-Wärter, keng zur Verfügung. Dës Wärter louchen 2018 awer ënnert dem Grenzwäert. Wëssend, dass d'Wärter ënner anerem staark duerch d'Topographie souwéi vun der Bebauungsdichte beaflosst ginn an och bei eventuell gläichem Trafic ënnerschiddlech kënnen sinn, ginn et keng vergläichbar Erfahrungswärter vun anere Plazen am Land.

Am Kader vun lwwerleeungen zesumme mat der Gemeng Wuermer, gouf en Sens unique duerch d'Rue Principale, no enger Testphas am Joer 2013, bäibehalen. D'Afféiere vun engem Sens unique op dëser Plaz stellt déi beschte Léisung fir d'Sécherheet, besonnesch déi vun de Foussgänger an de Vëlosfuierer, duer. D'Strooss ass op dëser Plaz nämlech net breet genuch, fir béidsäiteg befuer ze ginn a gläichzäiteg d'Sécherheet fir jiddereen ze garantéieren. Deementspriedend ass weiderhi virgesinn, de Sens unique, en accord mat der Gemeng, bäizebehalen.

**Question 5722** (09.02.2022) de **MM. Gusty Graas** et **André Bauler** (*DP*) concernant la **stratégie « De la ferme à la table »** :

En mai 2020, la Commission européenne a présenté sa stratégie « De la ferme à la table », l'une des initiatives clés du pacte vert pour l'Europe. En contribuant aux efforts déployés pour parvenir à la neutralité climatique d'ici 2050, la stratégie vise à faire évoluer le système alimentaire actuel de l'Union européenne vers un modèle durable. La stratégie contient différents objectifs qui auront des effets cumulatifs et combinés sur le secteur agricole. Lors de différents débats récents au Parlement européen sur la stratégie, le manque d'une étude d'impact globale de la Commission européenne a été soulevé. Or, le Commissaire européen Janusz Wojciechowski a déjà annoncé qu'il n'y aurait pas d'étude globale sur l'impact des objectifs proposés, mais seulement une série d'études sur les différents objectifs. Le Parlement européen et le Conseil de l'Union européenne devront prendre position sans pouvoir disposer d'une telle étude globale.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

- Quelle est la position du Luxembourg face à l'absence d'une étude d'impact globale ?

- Est-ce que le ministère a déjà évalué l'impact qu'aura la stratégie sur le secteur agricole luxembourgeois ?

- Est-ce que le Luxembourg se positionnera au Conseil de l'Union européenne sur les textes qui seront proposés par la Commission sans disposer d'une étude d'impact globale ?

- Dans la négative, est-ce qu'il exigera une telle étude ?

**Réponse** (08.03.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural* :

Comme indiqué par les honorables Députés Gusty Graas et André Bauler, la Commission européenne a présenté en mai 2020 sa stratégie « De la ferme à la table », un ensemble d'initiatives liées au système alimentaire de l'Union au sens large.

Les objectifs chiffrés contenus dans ces communications sont des objectifs politiques au niveau de l'Union européenne et ne sont pas déclinés au niveau des États membres individuels.

Par ailleurs, la Commission n'a pas, à ce stade, soumis de propositions législatives formelles concernant les différents éléments de la stratégie « De la ferme à la table ». Selon les procédures, de telles propositions formelles devront faire l'objet d'études d'impact. La première proposition législative, portant sur l'utilisation durable des pesticides, est attendue pour fin mars 2022.

Depuis la publication de la communication concernant la stratégie « De la ferme à la table », le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural luxembourgeois ainsi que les représentants luxembourgeois au niveau technique ont demandé avec insistance une étude d'impact globale, notamment dans le cadre des négociations sur la réforme de la PAC.

Le 29 juillet 2021, le Centre de recherche commun de l'UE (JRC) a publié une étude sur l'impact possible de la mise en œuvre conjointe de la stratégie de l'Union sur la biodiversité et de celle « De la ferme à la table ».

Selon plusieurs scénarios basés sur des modèles de simulation différents, une réduction de la production alimentaire globale de l'UE de 10 à 15 % est à prévoir.

Plus récemment, lors de la réunion des ministres de l'agriculture du 2 mars 2022, Monsieur le Mi-





nistre Claude Haagen a insisté sur le rôle essentiel de la PAC en termes de sécurité alimentaire de l'UE, notamment dans le contexte de la situation dramatique en Ukraine.

Le ministre suivra cette situation de très près, notamment dans le cadre du processus d'adoption des plans stratégiques nationaux concernant la réforme de la PAC.

**Question 5725** (09.02.2022) de **Mme Jessie Thill** (*déi gréng*) concernant le **harcèlement sexuel dans les sports publics** :

Aus enger Etüd aus dem Joer 2016 vun der franséischer Fédération nationale des associations d'usagers de transport (FNAUT) geet ervir, datt ronn 87 % vun alle Fraen a Frankräich scho mat sexueller Belästegung am öffentlichen Transport konfrontéiert gi sinn. Gläichzäiteg gëtt dovunner ausgegangen, datt d'Donkelziffer an deem Beräich ganz héich ass, an ongeféier d'Hallschent vun alle Virfäll ni gemellt ginn.

Dës Ëmstänn beaflossen och dat generell Sécherheetsgefill, virun allem vu Fraen, am öffentlichen Transport. De franséischen Observatoire national de la délinquance et des réponses pénales (ONDRP) huet 2018 gemellt, datt ronn 51 % vun alle Fraen a Frankräich sech net sécher fillen, wann se mat öffentlichen Transportmëttel ënnerwee sinn. Als Reaktioun op dës Etüden hunn déi franséisch Transportentreprises SNCF, Île-de-France mobilités an RATP ënnert anerem en Nouttelefon fir Betraffer agefouert, e System en place gesat, datt Passagéier nuets kënnen tëschent zwee Busarrëten eraus gelooss ginn. Ausserdeem, gouf en erwiderten Ausbildungsprogramm fir hiert Personal opgestallt. Aus der FNAUT-Etüd vun 2016 geet nämlech ervir, datt eng Sensibiliséierung fir dës Thematik vun deene Leit, déi am Transportsektor schaffen, fir déi Betreffen de gréissten Ënnerscheed mécht.

An deem Kontext wëilt ech gäre folgend Informatiounen vum Här Minister fir Mobilitéit an öffentlichen Aarbechte kréien:

1. Leien dem Här Minister Zuelen zur sexueller Belästegung am öffentlichen Transport zu Lëtzebuerg aus de leschte fënnef Jore vir?

2. Ginn déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg am Beräich vum öffentlichen Transport schaffen, am Laf vun hirer Formatioun op dës Sujet sensibiliséiert? Wa jo, wéi genee gëtt dës gemaach? Wann nee, gedenkt den Här Minister an Zukunft, dës an hir Formatioun ze implementéieren, respektiv eng Zousatzformatioun ze proposéieren?

3. Wat fir aner Mesurë sinn an der Vergaangenheet scho geholl ginn, fir esou Virfäll ze miniméieren an den Ëmgang domadder ze verbessern?

4. Wat kéint den Här Minister sech an Zukunft u weidere Schrëtt virstellen?

**Réponse** (11.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. Virfäll, déi iwwert de Formular „CIS“ (Constat incident sûreté) vun de Beamte vum öffentlichen Transport gemellt gi sinn:

(*tableau et graphiques à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

Unzuel vun den Ufroen vun den Autoritéite fir d'Sequenze vun der Videosurveillance aus den Zich erauszehuele mam Sujet vun der sexueller Belästegung:

(*tableau et graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

ad 2. D'Personal vun der CFL am Kontakt mam Client kritt zwou Formatiounen, wou dës Thema och behandelt gëtt:

- eng initial Formatioun „Gérer les conflits avec la clientèle“;

- eng Formation continue „Gérer les conflits avec la clientèle - retours d'expériences“.

An dësen zwou Formatiounen ginn déi verschidden Zorte vu Virfäll behandelt, wéi z. B:

- Ëmgang mat Bemierkunge sexueller Natur;

- sexuell Avancé vu Clientë vis-à-vis vun den Agenten;

- onsittelech Beréierunge vu Clientë vis-à-vis vun den Agenten;

- onsittelecht Behuele vu Client zu Client (Nudismus, onsittelech Beréierungen etc).

ad 3. All Virfall am Beräich Sûreté gëtt vum Personal vun der CFL gemellt an analyséiert.

Op Grond vun dëse Meldunge gi concertéiert Aktiounen mat der Police an der Douane geplangt.

An och déi privat Sécherheetsekippe gi gezielt do agesat, wou de Besoin am gréissten ass. Dës souwuel op de Garé wéi och an den Zich.

Ausserdeem ass all Persounenzuch vun der CFL mat engem Zuchbegleeder besat. De Client huet also ëmmer een Uspriechspartner respektiv eng Kontaktpersoun während sengem Trajet.

Zousätzlech ass ee groussen Deel vun de Garen an Zich mat Videoiwwerwaachung ausgestatt. Aktuell huet d'CFL ± 785 Kameraen op de Garen, 115 Kameraen an de P&R-CFL an ± 1.200 Kameraen an den Zich installéiert. Dëse Réseau gëtt konstant nach weider ausgebaut.

An de Regionalbusse vum RGTR ginn et de Moment nach quasi keng Videoiwwerwaachungen.

All dës Moossnamen droen dozou bäi, d'Sécherheetsgefill vun de Clienten vum öffentlichen Transport an dem Personal ze verstärken.

D'Gesetz vum 19. Juni 2009 iwwer „Ordre et sécurité dans les transports publics“ gëtt dem Transportminister d'Méiglechkeet, en Notzer fir maximal ee Joer aus dem öffentlichen Transport auszuschléissen.

ad 4. D'Busse vum RGTR wäerte mam Ulafe vun den neien Exploitationkontrakter (Mëtt Juli 2022) mat engem System fir Video-Iwwerwaachung ekipéiert ginn.

Des Weidere schafft de Mobilitéitsministère zesumme mat der Verwaltung fir öffentlichen Transport un enger gesetzlecher Basis fir d'Videoiwwerwaachung am gesamten öffentlichen Transport. Och goufen am Virfeld schon Dispositiounen ausgeschafft mat de Bedriewer vun all Réseau, fir allgemeng d'Behuelen am öffentlichen Transport besser ze encadréieren an e Strofekatalog festzeleeën. Et ass geplangt, fir dës Projeten nach dës Joer op den Instanzewege ze bréngen.

**Question 5726** (10.02.2022) de **Mme Martine Hansen** et **M. Claude Wiseler** (CSV) concernant l'**analyse dans le cadre de l'introduction d'une vaccination obligatoire contre la Covid-19** :

An engem Interview mat der Madamm Gesondheetsministesch, publizéiert haut op reporter.lu, huet d'Madamm Ministesch nach eng Kéier annoncéiert (sou wéi se et och schonns an der Chamber gemaach hat), datt d'Regierung eng Analyse virleeë wëll, unhand vun där eng potenziell Impfpflicht virbereet gëtt.

„Sie sagten am Schluss der Debatte im Parlament, dass Sie bald eine Analyse vorlegen wollen, anhand derer die Entscheidung zur Impfpflicht vorbereitet werden soll. Was soll genau analysiert werden?

Wir müssen eine seriöse Faktenlage ausarbeiten. Wir erstellen Modellrechnungen, wie die Lage sich bis zum Herbst, und darüber hinaus, entwickeln könnte. Dabei geht es zunächst um die Anzahl der ungeimpften Menschen und um jene unter ihnen, die für die altersmäßige Impfpflicht infrage kommen. Hochrechnen müssen wir dann die Wahrscheinlichkeit, dass Über-50-Jährige schwer krank werden, und wie sich diese Zahl über eine gewisse Zeit auf die Belegung der Krankenhäuser auswirkt. Wir arbeiten da mit verschiedenen Szenarien. Die entscheidende Frage ist, ob das so ermittelte Risiko bis zum Ende des Jahres tragbar ist oder nicht. Erst dann gibt es ein klares Ja oder Nein zur Impfpflicht.“

An deem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung eis matdeelen weini, dës Modellrechnungen an Opdrag gi sinn?

- Sinn dës Modellrechnunge schonns ofgeschloss?

- Wa jo, kann d'Regierung eis se zoukomme loosse respektiv publizéieren?

- Wann nee, weini ginn d'Modellrechnunge fäerdeg?

- Kann d'Regierung eis nach méi Informatiounen ginn, iwwert wat genau analyséiert gëtt? Wat sinn déi verschidden Zenarien?

**Réponse commune** (11.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

Generalinspektioun vun der sozialer Sécherheet hat de Mandat kritt, bis Enn Februar 2022 eng Estimatioun vun den Zuelen iwwert de Stand vun der Impfung an eng Estimatioun vum Impact op d'Hospitalisatiounen ze maachen. Gläichzäiteg hunn Echangë stattfonnt mat der „Covid-19-Taskforce“, fir Simulatiounen an den nämmlechen Delaien ze presentéieren.

Déi vun den honorabelen Deputéierte genannte Modellrechnungen sinn der Regierung am Regierungrot vum 2. Mäerz ënnerebreet ginn an der Chamber den 8. Mäerz zougestallt ginn. Dës Modellrechnunge ginn Opschluss iwwer d'Unzuel un Impfungen, Infektiounen an Hospitalisatiounen an der nationaler Bevëlkerung. Den 8. Mäerz sinn der Chamber och d'Simulatiounen, déi d'„Covid-19-Taskforce“ ausgeschafft huet, zougestallt ginn.

Doriwwer eraus sief drun erënnert, datt och folgend Rapporten öffentlich zougänglech sinn:

- Rapport „Revilux“ vum Laboratoire national de Santé: <https://lns.lu/publications/>

- Rapport „Coronastep“ vum LIST: <https://www.list.lu/en/covid-19/coronastep/>

- Rapport vun der Research Luxembourg task force: <https://www.researchluxembourg.org/en/covid-19-task-force/publications/>

**Question 5727** (10.02.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **réunion du conseil communal à huis clos** :

An der Fro N° 5365 hat ech der Inneministescher verschidde Froen iwwert de Gebrauch vum Huis clos am Gemengerot gestallt.

An deem Zesammenhang wëilt ech de Ministere fir Interieur a Justiz dës Froen stellen:

1. D'Ministescher erkläert, dass den Inneministère guer keng Donnéeën iwwert den Huis clos erhieft an dass d'Gemeengegesetz a sengen Artikelen 19 an 21 de Gebrauch vum Huis clos reegelt.

- Wéi oft huet den Inneministère, als Autorité de tutelle, an de leschten zéng Joer Gemengerotsdecisionen annulléiert, well d'Dispositiounen vum Huis clos net respektéiert goufen? (Art. 103 an 104 vum Gemeengegesetz)

Wéi oft huet d'Justiz an de leschten zéng Joer Gemengerotsdecisionen annulléiert?

- Wéi oft huet d'Justiz an de leschten zéng Joer Decisionen vum Inneministère betreffend Gemengerotssätzungen annulléiert?

2. D'Inneministescher bestätegt an hirer Äntwert, dass informell Aarbechtssätzungen däreren ofgehale ginn. Wéi eng legal Dispositiounen am Gemeengegesetz oder auswäerts reegelen dës informell Aarbechtssätzungen a wéi eng Inhalter dierfen deemno an informellen Aarbechtssätzungen behandelt ginn?

3. Den Artikel 21 vum Gemeengegesetz preziséiert als Grond fir de Gebrauch vum Huis clos „des considérations d'ordre public ou à cause d'inconvénients graves“. An der Sëtzung vun der Gemeng Déifferdeng vum 27. Oktober 2021 gëtt vun engem „kontroversen Thema“ geschwat. Ass d'Konditioun vum Artikel 21 an den Ae vum Inneministère domadder erfëllt an een Huis clos an esou engem Fall berechtigt?

**Réponse commune** (18.03.2022) de **Mme Taina Bofferdin**, *Ministre de l'Intérieur*, et de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

Den Deputéierten informéiert sech no der parlamentarescher Fro N° 5365 nach eng Kéier iwwer Sëtzungen vum Gemengerot, déi à huis clos ofgehale ginn.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5365 preziséiert, féiert den Inneministère keng Statistiken iwwert den Huis clos, an deemno och net doriwwer, wéi oft Decisionen an de leschten zéng Joer annulléiert goufen, well d'Dispositiounen vum Huis clos net respektéiert gi wieren.

Eisen Informatiounen no huet den Tribunal administratif an engem Fall eng Gemengerotsdecision, déi à huis clos geholl gouf, annulléiert. Der Cour administrative ass kee sou e Fall bekannt.

Informell Aarbechtssätzungen sinn net duerch legal Dispositiounen gereegelt. Dofir kënnen do och keng rechtskräfteg Decisionen geholl ginn. Dës ass just an deene Gemengerotssëtzungen méiglech, déi konform zu de Bestëmmungen vum Gemeengegesetz aberuff an ofgehale ginn.

Laut den Informatiounen, déi den Inneministère schrëftlech vun der Gemeng Déifferdeng kritt huet, war en Huis clos organiséiert ginn, fir enger Persoun hir Privatsphäre ze schützen. Dës kann, jee no Ëmstänn, als Inconvénient grave gëllen an domat en Huis clos rechtfertegen.

**Question 5728** (10.02.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **publication des questions posées au collège échevinal** :

Nom Artikel 25 vum Gemeengegesetz dierfen d'Gemeengeconseillere schrëftlech Froen un de Schäfferot an de Buergermeeschter stellen. D'Gesetz gesäit een Delai vun engem Mount vir, bis eng Äntwert muss virleien. All aner Aspekter betreffend d'Froen ginn an engem interne Gemengereglement gereegelt.

Verschidde Gemenge publizéieren d'Froen an d'Äntwerten integral an transparent op hirer Website, anerer publizéieren se am Gemeengebuet an aner Gemenge publizéieren se guer net - wat net wierklech dem Transparenzgedanken entsprécht, mee mat deem aktuelle Gesetzestext awer vollkomme legal ass.

An deem Zesammenhang wëilt ech der Ministesch fir Interieur dës Froen stellen:

1. Ass d'Inneministescher generell der Meenung, dass d'Froen nom Artikel 25 prinzipiell op alle Kanäl vun der Gemeng misste verëffentlecht ginn oder fënnt si den aktuellen Dispositif, esou wéi en aktuell ass, transparent an equilibréiert?

2. Ass d'Inneministescher och der Meenung, dass an enger digitaler Welt vum 21. Joerhonnert d'Froen an d'Äntwerte vun de politeschen Interaktiounen an der Gemeng integral missten op der Website vun der Gemeng verëffentlecht ginn?

3. Wäert d'Inneministescher fir méi Transparenz an deem Beräich suergen?

**Réponse** (04.03.2022) de **Mme Taina Bofferdin**, *Ministre de l'Intérieur* :

Den Deputéierten informéiert sech iwwert d'Publication vun de Froen, déi d'Membere vum Gemengerot dem Schäfferot op Basis vum Artikel 25 vum ofgeännerte Gemeengegesetz vum 13. Dezember 1988 kënnen stellen.

Am Kader vun der Reform vum Gemeengegesetz wäert de Prinzip vun der Transparenz am Allgemengen an och am Besonnesche bei der Kontroll vun de Membere vum Gemengerot duerch de Schäfferot berücksichtegt ginn. Ech wäert dobäi och d'Publication vun de Froen, déi dem Schäfferot vun de Gemengerotsmembere gestallt ginn, an och vun den Äntwerten an d'A faassen.

**Question 5730** (10.02.2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*) concernant l'**accueil des demandeurs de protection internationale** :

En matière d'asile, un des problèmes majeurs est actuellement le manque de places dans les structures d'accueil pour demandeurs de protection internationale (DPI). Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Immigration :

1) Quelles sont vos projections actuelles concernant une augmentation des places d'accueil pour les DPI ? Pouvez-vous me détailler les projets en planification ?

2) Quelles sont les communes qui actuellement ont une ou plusieurs structures pour DPI sur leur territoire ? Quelles sont les communes qui envisagent d'accueillir à l'avenir une structure pour les DPI ou qui ont déjà donné leur accord ?

3) Le Foyer de Weilerbach ayant été rénové, pouvez-vous me renseigner sur la date de réouverture ? Quelles sont les modifications essentielles par rapport à la situation antérieure et quelle en sera la capacité ? Concernant la scolarisation des enfants, ne faudrait-il pas éviter les cours scolaires sur le site, mais plutôt dans une commune voisine dans la perspective d'une meilleure intégration des enfants concernés ?

4) Pouvez-vous m'informer sur la date qui est actuellement envisagée pour une ouverture de la nouvelle structure d'hébergement d'urgence semi-fermée près de l'aéroport (Iergärtchen) ?

Il a été question à plusieurs reprises d'équiper tous les foyers de cuisines. Dès lors, j'aimerais encore poser la question suivante à Monsieur le Ministre :

5) Combien de structures d'accueil sont équipées de cuisine à ce stade, combien d'autres attendent de l'être et dans quels délais ?

Finalement et concernant l'autonomisation des DPI, l'hypothèse d'attribuer des cartes de crédit rechargeables a été évoquée à plusieurs reprises, notamment dans la plénière du Ronnen Dësch le 15 mars 2019 à Platen où Monsieur le Ministre était présent.

6) Est-ce que vos services ont étudié la possibilité d'attribuer des cartes de crédit rechargeables aux DPI ? Dans l'affirmative, quelles sont vos conclusions ?

**Réponse commune** (11.03.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile*, de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

ad 1) Hors structures d'urgence dans le contexte de la guerre en Ukraine, l'Office national de l'accueil (ONA) prévoit en 2022 l'ouverture de six structures d'hébergement temporaires pour demandeurs de protection internationale (STHDPI) avec un total de 466 lits.

ad 2) Au 1<sup>er</sup> mars 2022, 33 communes accueillent des structures pour DPI :

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

Les communes de Differdange, de Luxembourg, de Wasserbillig et de Weilerbach ont donné leur ac-





cord pour accueillir une structure supplémentaire sur leur territoire et les travaux de construction ou de rénovation sont en cours de réalisation. D'autres projets sont en cours de discussion avec les administrations communales respectives.

ad 3) La réouverture du foyer pour demandeurs de protection internationale « Centre Héliar » à Weilerbach est prévue en automne 2022. Les travaux de réaménagement du foyer englobent une rénovation complète de l'enveloppe extérieure et de l'aménagement intérieur du bâtiment, le renouvellement des installations techniques ainsi que l'adaptation aux réglementations actuellement en vigueur concernant notamment la protection contre l'incendie et la sécurité générale de l'immeuble. Le foyer réaménagé pourra accueillir jusqu'à 202 personnes.

En ce qui concerne la scolarisation des enfants, il revêt une évidence d'établir un projet d'accueil qui tient compte de la scolarité antérieure, des compétences dans les domaines de développement, ainsi que des intérêts et besoins de l'élève et du projet de vie de sa famille. En général, l'enfant est à inscrire dans une école régulière et il devrait profiter de mesures voire de cours d'accueil. La mise en place de classes d'accueil devra constituer le cas absolument exceptionnel, notamment en situation de grande affluence de demandeurs de protection internationale.

ad 4) Étant donné que ce projet ne se trouve actuellement qu'en phase d'étude préliminaire, aucune date de mise en service ne peut être annoncée à présent.

ad 5) À ce jour, sur les 54 structures d'hébergement gérées par l'ONA, 37 offrent la possibilité de cuisiner. Une analyse des structures existantes a conclu à l'impossibilité technique d'équiper toutes les structures de cuisines. Ainsi, dans les bâtiments les plus anciens, la configuration des locaux ne le permet pas ; dans d'autres structures, la durée limitée de la mise à disposition ne peut justifier l'investissement inhérent à l'installation de cuisines. Toutes les futures structures modulaires seront cependant équipées de cuisines.

ad 6) En février 2018, un projet pilote avait été lancé dans le but de munir les demandeurs de protection internationale de cartes prépayées rechargeables. Suite à une première phase concluante, le projet est passé à l'échelle et à ce jour les résidents de huit structures d'hébergement bénéficient de ce système de cartes prépayées rechargeables utilisables dans une chaîne de supermarché nationale. Le projet a été très bien accueilli par les DPI et l'élargissement du projet à d'autres structures est envisagé.

S'y ajoute un deuxième projet pilote intitulé « Cash for Food » lancé en 2020, qui met à disposition les aides alimentaires en espèces avec pour but l'autonomisation des bénéficiaires du projet, tout en augmentant leur pouvoir d'achat et la liberté dans leur choix des produits et fournisseurs.

**Question 5731** (10.02.2022) de **Mmes Stéphanie Empain et Djuna Bernard** (*déi gréng*) concernant les **relations entre la Chine et la Lituanie** :

La Lituanie a autorisé en novembre dernier l'ouverture à Vilnius d'un bureau de représentation taïwanais, autrement dit une sorte d'ambassade. Or, la Chine ne tolère que des bureaux de représentation « de Taïpei ». En conséquence, la Chine a officiellement rétrogradé ses relations politiques et commerciales avec la Lituanie et une guerre commerciale et diplomatique s'est ouverte entre les deux pays. Selon les informations relayées par la presse, un sommet UE-Chine sera organisé prochainement.

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Le sujet du conflit entre la Chine et la Lituanie sera-t-il abordé par les représentants de l'UE lors du sommet UE-Chine ?

2) Quelle est la position du Luxembourg sur ce sujet ?

3) Le Haut Représentant de l'Union européenne pour les affaires étrangères et la politique de sécurité a assuré qu'il existe une « solidarité évidente » avec la Lituanie dans ce conflit. De quelle façon cette solidarité évidente pourrait-elle s'exprimer ?

**Réponse** (11.03.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

L'ordre du jour du prochain sommet entre l'UE et la Chine n'a pas encore fait l'objet d'une annonce officielle. Les restrictions commerciales imposées par la Chine à l'égard de la Lituanie affectent l'ensemble du marché unique, et demeurent ainsi un sujet de préoccupation majeure pour l'Union européenne et ses États membres. Dans leurs échanges avec leurs homologues chinois, les dirigeants européens soulèvent ce dossier de manière systématique, en appelant la Chine à mettre fin à toutes pratiques coercitives.

Le Luxembourg est solidaire de la Lituanie et s'oppose de manière générale aux pratiques coercitives qui affectent l'ensemble de l'UE et son marché unique.

Le 27 janvier 2022, l'Union européenne a notamment lancé une procédure dans le cadre du règlement des différends à l'OMC, portant sur les restrictions commerciales imposées par la Chine à la Lituanie.

**Question 5734** (10.02.2022) de **Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*) concernant le **périmètre de manifestation** :

Depuis l'instauration du périmètre de manifestation reposant sur un accord commun conclu début décembre 2021 entre le Ministère de la Sécurité intérieure, la Police grand-ducale et la mairie de Luxembourg-ville, toute manifestation prévue à Luxembourg-ville est censée se dérouler nécessairement dans le périmètre prévu entre le Glacis et le plateau du Kirchberg. Comme il s'agit d'un accord provisoire et dans la mesure où depuis le mois de décembre les tensions ont pu se calmer, de même que la situation sanitaire évolue positivement, de nombreuses organisations se posent la question si leurs manifestations prévues dans les prochains mois, en l'occurrence le 8 mars 2022 pour la Journée internationale de la lutte pour les droits des femmes et le 1<sup>er</sup> mai pour la Fête du travail, peuvent avoir lieu en dehors du périmètre prévu.

Leur demande de clarification de la situation se fait urgente, comme tout un travail organisationnel en dépend. L'urgence d'une clarification sur le maintien ou non d'un périmètre se pose alors du point de vue des organisations et de la limitation dans le temps de l'illégalité de manifester en dehors de l'enclave du périmètre.

En effet, au moment de l'annonce de l'établissement d'un périmètre de manifestation par Monsieur le Premier Ministre à la Chambre des Députés le 7 décembre 2021, Monsieur le Premier Ministre précisait qu'il s'agissait avant tout d'une mesure de sécurité mise en place pour prévenir les atteintes à l'ordre public de groupes de manifestants ayant saccagé le marché de Noël et souillé des monuments historiques tels que la Gëlle Fra par leurs propos antisémites.

Il indiquait également que le périmètre de manifestation devrait devenir la norme pour toutes les manifestations dans les semaines à suivre sans indiquer précisément la fin provisoire de cette mesure. De même, Monsieur le Premier Ministre a déclaré lors de cette même intervention que toute manifestation ayant lieu en dehors du périmètre serait à considérer comme illégale.

Partant, nous prions Monsieur le Premier Ministre et Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure de bien vouloir répondre aux questions suivantes :

1. Jusqu'à quand l'obligation de manifester à l'intérieur du périmètre sera-t-elle en vigueur ?
2. Quelle est actuellement la base légale de cette obligation ?

**Réponse commune** (11.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*, de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure*, et de **Mme Taina Bofferdig**, *Ministre de l'Intérieur* :

L'obligation en question, basée sur le règlement général de police de la Ville de Luxembourg, a été supprimée le 22 février 2022.

**Question 5735** (10.02.2022) de **M. Paul Galles** (CSV) concernant le **sommet entre l'Union africaine et l'Union européenne** :

De 17. an 18. Februar fënnt de sechste Sommet tëschent der Europäescher Unioun an der Afrikanescher Unioun statt. Dat laangfristegt Zil vun dësem Sommet ass en „Investitiounspak Europa-Afrika“, dat deenen zwee Kontinente soll zu méi Wuelstand verhëlfen. Weider soll op dem Sommet eng gemeinsam Visioun fir 2030 presentéiert ginn. Rezent war de Kooperationsminister jo och op enger Visitt am Niger an am Benin, fir d'Kooperatioun tëschent dem Grand-Duché an dëse Länner weider ze ënnerstëtzen.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wat ass d'Positioun vun der Lëtzeburger Regierung um Sommet EU- AU?
2. Wéi eng Konsequenzen zitt de Kooperationsminister aus senger Visitt am Niger an am Benin an a wéi enger Hisicht beaflosst dës Visitt der Regierung hir Positioun um Sommet EU-AU?

**Réponse commune** (11.03.2022) de **M. Franz Fayot**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1. D'Lëtzeburger Regierung huet sech um sechste Sommet EU-AU fir d'Wichtigkeet vun engem renouveléierten an equilibréierte Partenariat tëschent eisen zwee Nopeschkontinenten ausgeschat, deen op géigesäitegem Respekt, gemeinsa-

men Interêten a Wäerter wéi Dignitéit, Fräiheet a Solidaritéit berout. Als zwee multilaterale Partner deelen d'EU an Afrika gemeinsam Vuen an Interêten an enger grousser Villfalt vu Beräicher.

Lëtzebuerg huet sech virun allem fir eng verstärkten Zesummenaarbecht am Beräich vum Fridden, Sécherheet a Gouvernance, wéi och fir eng verbessert Gestiou vum Migratioun a Mobilitéit ausgeschat. Een Theema wat Lëtzebuerg speziell um Häerze läit sinn d'Rechter vun der Fra an d'Chancëgläichheet. Dës Theeme waren och am Zentrum vun der Lëtzeburger Positioun um EU-AU-Sommet. Aner wichteg Beräicher fir Lëtzebuerg sinn déi vun der Innovatioun, der inklusiver Finanz, an den Investissementer a strukturell Projeten, zemoools am Zesummenhang mat gréngen Technologien, wéi och eng nohalteg Transitioun zu erneierbaren Energien an engem digitalen Zäitalter. Lëtzebuerg huet och dofir plaidéiert, dass d'Investissementer an d'Jugend vum afrikanesche Kontinent weidergefouert ginn, an huet sech fir d'Stärkung vun de Gesondheetswiesen, spezifesch am Beräich vun der Produktioun vun Impfstoffer, an Afrika ausgeschat.

ad 2. D'Visitt am Niger an am Benin hunn op en Neits ënnerstrach, wéi wichteg en equilibréierte Partenariat ass, deen op d'Autonomisatioun vun dëse Länner an dem afrikanesche Kontinent insgesamt ofziilt. Lëtzebuerg wäert sech och weiderhin op internationalem Niveau fir esou en equilibréierte Partenariat asetzen, och a virun allem an den uewe genannte Beräicher, mat engem staarke Fokus op d'Fraen an d'Jugend als eng vun den transversale Prioritéite vun der lëtzeburgergescher Cooperatioun.

**Question 5736** (10.02.2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV) concernant le **permis de chasse** :

D'Natur a Bëscherwaltung ass zu Lëtzebuerg déi verantwortlech Instanz fir d'Organisatioun vun de Coursen, de praktesche Stagen an den Exame vun den zukünfte Jongjeeër. Fir d'Sessioun 2022/2023 kann een sech nach bis den 1. Abrëll 2022 androen. Par rapport zu de virrechte Joren ass dës Kéier awer d'Zuel vun Umeldungen op 50 limitéiert. Domadder gëtt d'Unzuel vu potenzielle Kandidate scho virop limitéiert ouni ze wëssen, ob net eng méi héich Demande u Kandidaten do wier. Laut mengen Informatiounen haten sech zum Beispill fir d'Sessioun 2021/2022 eng 110 Leit ageschriwwen.

An dësem Kontext wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung follgend Froe stellen:

1. Aus wéi enge Grënn ass d'Unzuel vu Kandidate fir d'Sessioun 2022/2023 op 50 Kandidate limitéiert?

2. Fäert d'Madamm Minister net, dass sou eng Limitatioun op laang Sicht negativ Repercussiounen op d'Unzuel vu Jeeër kéint hunn, déi dann net méi hire Flichte kéint nokommen, esou wéi se vun der Gesetzgebung virgi sinn?

Laut Juegdgesetz kann een och säi Juegdschäin am Ausland maachen an zu Lëtzebuerg dann eng Equivalenz ufroen.

3. Wéi vill Leit hunn hire Juegdschäin an de leschte Joren am Ausland gemaach an zu Lëtzebuerg eng Equivalenz ugefrot? Wéi vill sinn accordéiert respectiv refuséiert ginn? Wat waren d'Grënn vum Refus?

**Réponse** (10.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. Déi lescht Jore virun der Pandemie hunn sech an der Moyenne bëssen iwwer 40 Kandidate fir d'Coursen ageschriwwen, vun deenen der ronn 30 an der Moyenne finalement un den Examen deelgeholl hunn. Mat der Pandemie huet dat sech geännert, sou dass an dëser Sessioun knapp 80 Kandidaten un den Examen deelhuele wäerten.

D'Naturverwaltung geet dovun aus, dass dat ee Phänomeen ass, dee rëm offlaache wäert an d'Zuel vun de Kandidaturen ëm déi 50 Persounen wäert leien.

Doduerch, dass souvill Leit sech ageschriwwen hunn, huet d'ANF missen aus Grënn vun der Virsiicht op Onlinecoursen zeréckgräifen. D'ANF ass awer iwwerzeegt, dass déi néideg Kenntnisser besser en präsentiel vermëttelt kënnen ginn. Wuel wëssend, dass mir nach net aus der Pandemie raus sinn, müssen déi néideg Upassunge getraff ginn, fir dass engersäits d'Jongjeeër eng optimal Ausbildung kënnen kréien, an anerersäits d'Covidpräventiounsmoossname kënnen agehale ginn.

ad 2. Nee.

ad 3. Am Juegdjoer 2020/2021 goufen 87 éischt Juegdschäiner ausgestellt op Basis vu follgenden Examen:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

Generell entsprécht dat dem Gesamtbild vun de leschte Joren. Ronn een Drëttel gëtt op Basis vun lëtzeburgergeschen Examen ausgestellt. Ee weidere gudden Drëttel op Basis vun franséischen Examen. Däitsch a belsch Exame maachen de Gros vun de verbleiwenden Examen aus.

(*Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*.)

An der Saison 2021/2022 gouf eng Ufro refuséiert. Dës Persoun huet ee portugiseschen Juegdexamen gemaach, fir deen aktuell keng Homologatioun mam lëtzeburgergeschen Examen virläit.

**Question 5740** (20.02.2022) de **M. Max Hahn** et **Mme Carole Hartmann** (DP) concernant les **changements de nom et de prénom** :

En décembre 2020, la Chambre des Députés a voté la loi sur le changement du nom et des prénoms et portant modification de la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Justice :

1) Combien de demandes pour changement de nom ou de prénom(s) ont été soumises en 2021 ?

2) À combien de ces dossiers le Ministère a-t-il pu donner une suite favorable ? Pour quelles raisons les autres dossiers ont-ils été refusés ?

3) Quelles sont les catégories et raisons pour lesquelles les demandes de changement de nom ou prénom(s) sont introduites ?

4) Depuis l'entrée en vigueur de la loi, y a-t-il eu des demandes de changement de nom voire de prénom liées à une modification de la mention du sexe du requérant ou de la requérante ?

5) Dans l'affirmative, combien de demandes de ce type ont été introduites ? Ces demandes ont-elles pu être favorablement accueillies ? Dans la négative, quelles étaient les raisons de refus émis ?

6) Qu'en est-il de l'interconnexion entre les différentes administrations publiques ? Est-ce que toutes les modifications sont transmises aux différentes administrations dès leur entrée en vigueur ?

**Réponse** (08.03.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1) En application de la loi du 19 décembre 2020 sur le changement du nom et des prénoms et portant modification de la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité, 615 demandes en changement de nom ou de prénoms, lesquelles concernent un total de 684 personnes, ont été soumises en 2021 au Ministère de la Justice.

ad 2) Depuis le 1<sup>er</sup> janvier 2021, 319 dossiers ont été clôturés.

Le Ministère de la Justice a pu donner une suite favorable à 289 demandes, 107 de ces demandes ont été introduites depuis l'entrée en vigueur de la loi susmentionnée.

Sont refusées les demandes lorsque le demandeur ne remplit pas les conditions légales. Tel est notamment le cas lorsque le demandeur invoque des raisons purement personnelles ou en cas de demande de porter le nom du conjoint.

ad 3) Les raisons pour lesquelles les demandes ont été introduites en application de la nouvelle loi sont principalement :

- l'adaptation du prénom ou du nom aux usages en vigueur Luxembourg ;

- l'inversion de l'ordre des prénom(s) ou des composants du nom ;

- la suppression d'un ou de plusieurs prénoms ou composants du nom ;

- l'attribution d'un ou de plusieurs prénoms sous lesquels le requérant est connu dans la vie courante ;

- le harcèlement moral en raison du nom respectivement du prénom porté ;

- l'adaptation du nom porté au Luxembourg à celui porté légitimement à l'étranger ;

- la reprise du nom d'un ancêtre afin de le faire perdurer ;

- l'absence de contact avec un des parents dont l'enfant porte le nom ;

- les convenances personnelles.

ad 4) + 5) Afin d'éviter toute confusion, il importe de souligner que les modifications de la mention du sexe et du ou des prénoms à l'état civil se font en application de la loi du 10 août 2018 relative à la modification de la mention du sexe et du ou des prénoms à l'état civil et portant modification du Code civil.



Sur 38 demandes introduites depuis le 1<sup>er</sup> janvier 2021 en application de cette loi auprès du Ministère de la Justice, 18 demandes ont été accordées. Les demandes restantes sont en cours de traitement.

ad 6) En application des dispositions de l'article 11 de la loi du 19 décembre 2020 sur le changement du nom et des prénoms et portant modification de la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité, les décisions de changement du nom et des prénoms font l'objet d'une communication au procureur général d'État, à l'officier de l'état civil territorialement compétent et, en cas de double ou multiple nationalité du requérant, au Ministre ayant les Affaires étrangères dans ses attributions.

**Question 5742** (11.02.2022) de **M. Fred Keup (ADR)** concernant les **tables rondes politiques organisées dans les écoles** :

A senger Äntwert op déi mëndlech Fro Nr. 0290 vun der honorabler Madamm Deputéiert Diane Adehm iwwer Walkampaffichë vum franséische Presidentschaftskandidat Eric Zemmour an der Europa-schoul zu Mamer (Séance publique Nr. 32 vum 8. Februar 2022) huet den Här Schoulminister gesot: „Natierlech muss et politesch neutral sinn, an et muss equilibréiert sinn, net equilibréiert onbedéngt pro Veranstaltung, mee equilibréiert an der Durée, esou datt do eigentlech och all politesch Couleur méi oder manner zur Geltung kommen an domat och de politesche Spektrum de Schüler ka gewise ginn.“

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

1. Kann den Här Minister eis eng Lëscht presentéiere mat allen Table-ronden, déi tëscht 2013 an 2021 an de Lëtzebuerger Schoulen organiséiert goufen, fir de Schüler vun eisem Land ze weisen, „wat Politiker soen“?

2. Wéi eng Ministeren an, méi allgemeng, wéi eng Politiker a Vertrieder vu Parteie goufen op dës Table-ronden invitéiert, a wéi dacks? Ginn et Parteien bzw. „sensibilités politiques“, déi op keng vun dësen Table-ronden invitéiert goufen? Wa jo, aus wéi enge Grënn goufen dës Parteien net invitéiert?

3. Geet den Här Minister dervun aus, datt bei dësen Table-ronden „all politesch Couleur méi oder manner zur Geltung“ komm ass an domat d'Schüler sech „och wierklech vum ganze Parteiespektrum“ een neutraalt Bild maache konnten?

**Réponse** (15.03.2022) de **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** :

Am Zesammenhang mam Sujet, deen den honorabelen Deputéierten a senger Fro opwerft, wëll ech nach eng kéier ënnersträichen, datt d'politesch Bildung e wichtege Bestanddeel vun deem ass, wat d'Schoul eise jonke Leit ka matginn op hirem Wee zu mündege Bierger. Selbstverständlech muss dobäi d'Pluralitéit vun de politesche Stréimunge respektéiert ginn, grad ewéi den néidegen Equilibre an déi néideg Neutralitéit.

Nieft den Enseignanten, déi politesch Sujeten am Kader vun hire respektive Fächer, wéi zum Beispill der Geschicht, dem Fach Vie et société oder der Instruction civique abordéieren, spillen och aner Acteuren eng Roll. Hei sief an éischter Linn, a fir dem honorabelen Deputéierten seng Fro ze beäntwerten, de Jugendrot erwänt, deen traditionell virun de Walen Table-rond mat jonke Politiker vun alle Parteien organiséiert.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Ech ginn dovun aus, datt dës Table-ronden de Prinzippe vu Pluralitéit, Equilibre an Neutralitéit entsprach hunn, déi ech méi uewe genannt hunn.

Ech wëll awer hei och d'Aarbecht vun engem aneren Acteur belichten, deen an dësem Kontext eng ëmmer méi wichteg Roll spillt: den Zentrum fir politesch Bildung (ZpB).

Am Kontext vun de Walen huet den ZpB zesumme mat der Universitéit Lëtzebuerg d'Voting Advice Application (VAA) Smartwielen entwéckelt; dobäi gouf och datt entspreichend pedagogesch Begleitmateriäl zur Verfügung gestallt. An der Applikation ginn all Partiee gläichberechtegt presentéiert.

Den Ament developpéiert den ZpB ee vergläichbaren Tool, deen ausserhalb vu Walzäiten eng Beschäftegung mat der Inhalter vu Parteiprogrammer an engem pedagogesche Kontext erméigleche soll. Och an deem Tool sollen all Partiee gläichberechtegt duergestallt ginn.

An der Publikationsrei „mateneen“ vum ZpB wäert sech dat nächst Theemenheft ë. a. mat der Interventioun vu politesche Parteien a Politiker am Schoulkontext beschäftegen, an de Schoulen och eng entspreichend Hëllef proposéieren; esou huet den ZpB schonn eng Formation continue ugebueden zum Thema „Politik gehéiert net an d'Schoul?“, déi sech der Problematik unhëlt, wéi een eng Visitt vun Deputéierten an anere Politiker esou ka gestalten, datt déi uewe genannte Prinzippe vu politescher Pluralitéit, Equilibre an Neutralitéit respektéiert ginn.

Am Kader vum Projet „MengChamber“ huet den ZpB zesumme mat der Chamber ee Projet an der Testphas, wou Schülerinnen a Schüler an der Chamber mat Deputéierte kënne fir en Austausch zesummekommen. All Parteien, déi an der Chamber vertruede sinn, hunn sech un deem Projet bedeelegt.

**Question 5744** (11.02.2022) de **M. Sven Clement (Piraten)** concernant les **chèques-repas** :

Den 8. Februar huet d'Organisation #Dontforgetus ee Pressecommuniqué erausginn, an deem si fir d'widerhuelte Kéier op den Émgang mat de Chèque-repasen aginn. Laut Maître Rollinger am Reportage vum RTL zu de Chèque-repase vum 10. Februar schätzen d'Firmen, déi d'Chèque-repase verginn, de Schued un dem Horeca-Secteur am zweestellege Milliounenberäich.

An deem Zesammenhang wëilt ech de Ministere fir Wirtschaft a Finanzen dës Froe stellen:

1. Hunn d'Ministère säit dem éischte Communiqué vun #Dontforgetus am Februar 2021 Kontakt mat de Firms Sodexo an Edenred, fir sech bei hinnen iwwert hir Aschätzung zur Notzung vun de Chèque-repasen ze informéieren?

2. D'Reegelen aus dem Reglement vun 1986 si ganz restriktiv ausgeluecht, esou dierf ee mat de Chèque-repase laut Reglement nëmme während dem Aarbechtsdag lesse kafen. D'Bezuele mat de Chèque-repasen de Weekend am Restaurant wier also bei ville Leit schonn ee Verstouss géint d'Gesetz. Wäert d'Ministesch d'Reglement iwwerschafen?

3. Wäerten d'Ministeren de Commercen d'Reegele vun Chèque-repas, déi am Règlement grand-ducal vum 29. Dezember 1986 eng weider Kéier kommunizéieren?

4. Wäerten d'Ministeren sech mat der Organisation #Dontforgetus an der Horesca Federatioun zesummesetzen, fir eng gemeinsam Léisung ze fannen?

**Réponse** (10.03.2022) de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** :

D'Regierung ass sech dëser Problematik bewosst an huet duerfir och schonn am Koalitionsaccord 2018-2023 festgehalen, de besteeënde Regimm vun Chèque-repas ze moderniséieren. Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N° 5589 duergeluecht, gouf et ee regelméisseg Austausch tëschent dem Finanzministère an de Firmen, déi déi d'Chèque-repase verginn. Et ass an deem Kader och geplangt, d'Reglement vun 1986 unzepassen.

**Question 5746** (11.02.2022) de **M. Sven Clement (Piraten)** concernant le **stockage du CO<sub>2</sub>** :

Mam Gesetz vum 27. August 2012 gouf e juristesche Kader fir de Stockage vun CO<sub>2</sub> um Territoire vum Grand-Duché geschaaft. Den CO<sub>2</sub> soll zur Bekämpfung vun der Klimakris aus der Atmosphär captéiert an a geologesche Gestengsschichte stockéiert ginn.

An deem Zesammenhang wëilt ech der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohahteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë fir eng Autorisation d'exploitatie goufen dem Art. 6. vum genannte Gesetz entspreichend bis zum haitegen Dag enregistréiert? Wéi vill Autorisatiounen goufe bis elo ausgestallt?

2. Wéi vill Demandë fir eng Autorisation de stockage goufen dem Art. 7. vum genannte Gesetz entspreichend bis zum haitegen Dag enregistréiert? Wéi vill Autorisatiounen goufe bis elo ausgestallt?

3. Wéi vill Sitte goufen dem Art. 5. vum genannten Gesetz entspreichend bis zum haitegen Dag als méiglech Sitte fir de Stockage ermëttelt? Wou sinn déi Sitten?

4. Wéi vill CO<sub>2</sub> kéint an dësen designéierte Sitte maximal stockéiert ginn?

5. Wëll d'Regierung Projeten, déi d'Capture an de Stockage vun CO<sub>2</sub> a geologesche Strukturen um Territoire vum Grand-Duché zum Zil hunn, an Zukunft féerden?

6. Gedenkt d'Regierung Projeten, déi d'Capture an de Stockage vun CO<sub>2</sub> a geologesche Strukturen zum Zil

hunn, an Zukunft mat staatlechen Aidë finanziell ze ënnerstëtzen?

7. An engem IPCC-Rapport vun 2018 gëtt Carbon Capture als eng noutwenneg Mesure fir d'Anhale vum 1,5°C-Zil vum Paräiser Ofkommen duergestallt. Ass d'Regierung och dëser Meenung?

**Réponse** (15.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable** :

Et ass bis elo keng Demande fir geologesche Stockage vun CO<sub>2</sub> eragereecht ginn. Fir de Rescht verweisen ech op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4510 vum 16. Juni 2021.

**Question 5747** (11.02.2022) de **MM. Gilles Baum et Gusty Graas (DP)** concernant les **révoltes au Kazakhstan** :

Suivung d'doublement du prix du gaz naturel liquéfié, carburant le plus utilisé pour les voitures dans une grande partie du pays, des révoltes ont commencé début janvier 2022 au Kazakhstan. Le pays étant riche en ressources naturelles, la colère initialement économique a fini par prendre une dimension politique dont les manifestations ont déclenché l'état d'urgence et causé la démission du Gouvernement kazakh.

Déclarant les violences d'attaque terroriste, le Président Tokaïev a demandé l'intervention de l'Organisation du traité de sécurité collective (« OTSC ») pour rétablir le contrôle sur place. À travers les médias internationaux, des rapports et des images d'émeutes brutales ont surgi. Les articles ainsi que des rapports d'organisations non gouvernementales rapportent de personnes brutalisées, disparues et de plus de 8.000 personnes arrêtées ou enfermées par les autorités kazakhes. Plus de 225 personnes seraient mortes à la suite des troubles.

Le Président kazakh aurait refusé jusqu'à récemment des enquêtes indépendantes sur les événements en janvier. Fin janvier, une commission d'enquête aurait été créée pour procéder à une évaluation et s'occuper des victimes.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Monsieur le Ministre, comment évalue-t-il l'intervention de OTSC menée par la Fédération de Russie sur le territoire kazakh ? Peut-elle être considérée comme une tentative de la Russie à une extension de son influence dans la région ?

2) Monsieur le Ministre estime-t-il opportun que des gouvernements de pays membres de l'OSCE interviennent de manière tellement brutale envers une population dans le contexte de manifestations ?

3) Est-ce que les pays membres de l'OSCE auront accès aux rapports de la commission d'enquête établie pour évaluer les événements en janvier ?

4) Selon les conclusions que tirera la commission d'enquête à la fin de son investigation, quelles pourront être des conséquences pour le Gouvernement au Kazakhstan ?

**Réponse** (11.03.2022) de **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** :

ad 1) L'intervention de l'Organisation du traité de sécurité collective (OTSC) est survenue à la demande du Président de la République du Kazakhstan, Monsieur Kassym-Jomart Tokaïev. La rapidité de l'intervention de l'OTSC, dont le contingent militaire déployé était principalement composé de troupes russes et de quelques centaines de soldats biélorusses, arméniens, tadjiks et kirghiz, témoigne certainement aussi des relations étroites qu'entretiennent la Russie et le Kazakhstan sur le plan diplomatique et sécuritaire. Monsieur Tokaïev et le Président russe Poutine se rejoignent également dans leur justification de l'intervention de l'OSTC, avançant que le mouvement populaire à l'origine des manifestations aurait été instrumentalisé par un soutien extérieur de nature terroriste, et soulignant que l'OTSC ne tolérera plus de « révolution de couleur » dans ses pays membres.

ad 2) Ensemble avec ses partenaires de l'Union européenne, le Luxembourg a exprimé ses préoccupations par rapport à la violence qui a éclaté après la tenue de manifestations pacifiques au Kazakhstan par le biais de la déclaration du Haut Représentant de l'Union pour les affaires étrangères et la politique de sécurité, Monsieur Josep Borrell, le 8 janvier 2022, ou encore à travers l'intervention de l'Union européenne au Conseil permanent de l'Organisation pour la sécurité et la coopération en Europe (OSCE) du 20 janvier 2022, où le Ministre des Affaires étrangères kazakh, Monsieur Mukhtar Tileuberdi, a informé les États parties de la situation dans son pays. L'ordre du Président Tokaïev du 7 janvier 2022 de « tirer pour tuer » a été fermement condamné par la communauté internationale. Conformément à la Déclaration commémorative d'Astana, établie en 2010 sous la présidence en exercice kazakhe de l'OSCE, le Kazakhstan, ainsi

que tous les États parties à cette organisation, se sont engagés à agir en pleine adéquation avec la Charte des Nations Unies et l'ensemble des normes, principes et engagements de l'OSCE établis depuis l'Acte final d'Helsinki. À cet égard, le Luxembourg rappelle que le Kazakhstan se doit de respecter l'État de droit et ses obligations en matière de droits de l'homme, y compris le droit fondamental de manifester pacifiquement et la liberté des médias.

ad 3) Le Kazakhstan a rejeté toute demande d'enquête internationale et les États participants de l'OSCE ne participent donc pas à la commission d'enquête établie par le Gouvernement du Kazakhstan. Le Gouvernement du Kazakhstan a toutefois annoncé que les résultats de la commission d'enquête seraient partagés avec la communauté internationale.

ad 4) Dans l'attente de la publication des résultats préliminaires de la commission d'enquête par les autorités kazakhes, il est difficile d'anticiper d'éventuelles conséquences pour le Gouvernement au Kazakhstan.

**Question urgente 6422** (29.06.2022) de **M. Laurent Mosar (CSV)** concernant le **versement de salaires et de primes aux soldats russes par la Gazprombank** :

Dans un sujet publié sur [wort.lu](http://wort.lu), « Gazprombank zahlt Sold und Prämien an russische Soldaten », il est question de la banque russe Gazprombank, qui est active au Luxembourg depuis 2013 à travers la Bank GPB International. D'après cet article, cette banque russe ne fait actuellement pas l'objet de mesures restrictives (qui avaient été adoptées par l'Union européenne en réaction à l'agression de la Russie contre l'Ukraine), parce que les importateurs européens paient le pétrole et le gaz russes via ses comptes.

À côté de ces activités, la Gazprombank est également active dans le domaine du Private Banking et gère le patrimoine de clients fortunés (plus de 425 millions d'euros d'avoirs). D'après des journalistes ukrainiens de Radio Liberty, auxquels le sujet publié sur [wort.lu](http://wort.lu) fait référence, le Ministère russe de la Défense utilise la Gazprombank pour verser des salaires et des « primes de combat » aux soldats russes présents actuellement en Ukraine.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances et à Monsieur le Ministre de l'Économie :

- Le Gouvernement est-il informé des activités relatives au versement des salaires et « primes de combat » aux soldats russes de la Gazprombank ? Quelle est son appréciation de la situation ?

- Au vu de cette situation, le Gouvernement n'estime-t-il pas que la Gazprombank devrait également faire l'objet de sanctions ?

- Quelles seraient les conséquences de sanctions à l'encontre de la Gazprombank pour les paiements de pétrole et de gaz russes et pour l'approvisionnement énergétique en général pour le Luxembourg ?

**Réponse** (04.07.2022) de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** :

Il y a tout d'abord lieu de mentionner que la Gazprombank, à laquelle font référence les journalistes ukrainiens de Radio Liberty dans leur article paru en ligne le 28 juin 2022 et auquel se réfère l'article de presse luxembourgeois cité par l'honorable Député, est une banque de droit russe, située en Russie. Gazprombank International SA (GPB International) est par contre une banque de droit luxembourgeois située au Luxembourg. Il s'agit donc de deux sociétés juridiquement distinctes.

En tant que banque de droit luxembourgeois, GPB International est soumise au respect des sanctions financières émises par l'Union européenne et par extension des sanctions de l'UE à l'encontre de la Russie liées à la situation en Ukraine. Cette banque établie au Luxembourg est par ailleurs supervisée par la Commission de surveillance du secteur financier. Son respect des réglementations en vigueur se doit d'être irréprochable.

Il convient également de rappeler que Gazprombank, banque de droit russe, située en Russie, fait déjà l'objet de mesures restrictives qui ne sont pas nouvelles. En effet, Gazprombank fait l'objet de sanctions financières ciblées conformément au règlement (UE) n° 833/2014 du Conseil du 31 juillet 2014, tel que modifié.

GPB International est utilisée par différents acteurs du marché en Europe pour gérer leurs relations commerciales pour l'achat de gaz russe, en respectant les sanctions européennes actuellement en vigueur. Des sanctions supplémentaires pourraient donc entraîner l'impossibilité de se procurer du gaz russe, ce qui équivaldrait dans un certain sens à un embargo sur le gaz.

Par ailleurs, il convient de préciser que selon nos informations aucun fournisseur luxembourgeois entretient pour le moment une relation commerciale avec la GPB International, ni importe directement du gaz russe.





# CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

## Compte rendu officiel n° 04 | Session ordinaire 2021-2022

|                                                   |        |                                            |        |                        |                           |
|---------------------------------------------------|--------|--------------------------------------------|--------|------------------------|---------------------------|
| Politique de coopération (déclaration et débat)   | p. 158 | Sommaire des séances publiques n°s 12 à 14 | p. 192 | 12 <sup>e</sup> séance | Mardi 16 novembre 2021    |
| Débat d'orientation au sujet du discours de haine | p. 174 | Sommaire des questions parlementaires      | p. Q41 | 13 <sup>e</sup> séance | Mercredi 17 novembre 2021 |
| Aides au logement                                 | p. 187 |                                            |        | 14 <sup>e</sup> séance | Jeudi 18 novembre 2021    |

Présentation du rapport annuel 2021 de l'Ombudsman

## Les interactions entre les citoyens et les administrations publiques à la loupe

Faciliter le dialogue entre les citoyens et les administrations publiques de l'État et des communes, améliorer la communication et renforcer la confiance : ce sont les objectifs de l'action de l'Ombudsman. Le 12 juillet 2022, la médiatrice, Mme Claudia Monti, a présenté les chiffres-clés de l'année 2021 aux députés réunis à l'Hôtel de la Chambre des Députés.

975 réclamations ont été introduites en 2021 par des citoyens qui ont estimé que leur dossier n'a pas été traité convenablement par les administrations publiques de l'État et des communes.

Parmi les doléances des personnes sollicitant l'Ombudsman figuraient entre autres la lenteur des administrations, un manque d'informations, un manque de flexibilité ou encore une application trop stricte de la réglementation.

### Quelques cas de figure

En tout, le rapport d'activité de l'Ombudsman reprend environ 70 cas de figure pour illustrer les problèmes auxquels font face les citoyens. Au niveau communal par exemple, la plantation d'arbres ou encore le ralentissement de la vitesse ont mené à certains litiges. Un autre dossier concerne un empêchement au mariage sur base d'un refus de reconnaissance des documents émis par l'Office français de protection des réfugiés et apatrides.

D'autres dossiers ont trait à des ministères. L'Ombudsman dénonce par exemple que certains dossiers de ressortissants afghans soient gardés en suspens. Dans plusieurs cas de figure, les concernés ont même dû attendre près de deux ans afin que leur dossier soit instruit, parfois avec un résultat négatif.

Il s'agit d'une situation intenable, selon Mme Monti.

Le regroupement familial est une autre cause des litiges, tels que des bénéficiaires de protection internationale désirant procéder à un regroupement familial avec des enfants qui n'ont pas de lien biologique ou d'adoption avec eux, mais qui sont néanmoins à leur charge.

La médiatrice a cité d'autres conflits, en relation avec des reclassements, l'allocation d'indemnités de chômage ou l'allocation de vie chère.

Lors de la présentation du rapport d'activité, Mme Monti a indiqué que les personnes qui se rapprochent de son institution ne sollicitent souvent pas par elles-mêmes les administrations, car elles ont peur des conséquences.

Les personnes seraient par ailleurs mal ou pas du tout informées, a-t-elle ajouté.

### Les recommandations de l'Ombudsman

La médiatrice formule trois recommandations dans son rapport qui visent à adapter les dispositions légales pour éviter certains litiges. Elle recommande ainsi d'inclure la comaternité et la copaternité dans la loi, de modifier les dispositions rela-



L'Ombudsman, Mme Claudia Monti (au milieu), lors de la présentation de son rapport annuel 2021 à la Chambre des Députés

tives aux prestations de l'allocation de vie chère et de réviser le cadre juridique en ce qui concerne le droit à l'allocation familiale pour un enfant du conjoint ou du partenaire d'un travailleur frontalier au Luxembourg.

Les différentes doléances évoquées dans le rapport 2021 seront traitées par les commissions parlementaires compétentes, qui par la suite élaboreront une prise de position. Le rapport des députés sera présenté ensuite lors d'un débat en séance publique.

Visite cubaine à la Chambre des Députés

## Échange de vues sur l'actualité avec des parlementaires cubains

« Les liens entre le Luxembourg et Cuba sont forts. Notre relation est marquée par une grande sympathie et un esprit critique, signes d'une véri-

table amitié. » C'est avec ces mots que le Vice-Président de la Chambre des Députés, M. Mars Di Bartolomeo, a ouvert l'échange de vues avec une dé-

légation parlementaire cubaine le 24 juin 2022 à la Chambre. Les députés des deux pays ont échangé leurs points de vue sur différents sujets d'actualité,

notamment la guerre en Ukraine et ses conséquences économiques telles que la hausse des prix des denrées alimentaires.


Les relations avec la Russie ont également été abordées, les invités cubains assurant que leur pays entretenait historiquement de bonnes relations avec la Russie tout comme avec l'Ukraine et qu'ils s'engageaient en faveur d'une solution pacifique et pour le respect des normes internationales.

Quant à l'embargo américain, les élus luxembourgeois ont exprimé leur espoir d'un rapprochement entre les États-Unis et Cuba. Ils se sont dits préoccupés par les vagues migratoires d'émigrants cubains. Les différents points de vue concernant les valeurs démocratiques et le pluralisme étaient également au cœur des discussions.

En outre, les députés luxembourgeois se sont intéressés aux domaines dans lesquels Cuba s'est spécialisé tels que l'énergie renouvelable et le développement des vaccins, notamment contre la Covid-19.

La délégation parlementaire cubaine, sous la conduite de M. Homero Acosta Álvarez, Secrétaire de l'Assemblée nationale du pouvoir populaire de Cuba et du Conseil d'État de la République de Cuba, a été accueillie par le Vice-Président de la Chambre, M. Mars Di Bartolomeo, et le Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, M. Yves Cruchten.

Une délégation de la Chambre des Députés avait effectué une visite officielle à Cuba en 2018.




Les délégations luxembourgeoise et cubaine





47<sup>e</sup> Session de l'Assemblée parlementaire de la francophonie (APF)

# Gouvernance mondiale : le rôle des parlements pour une paix durable



Le trésorier de l'Assemblée parlementaire de la francophonie, M. Mars Di Bartolomeo

La section rwandaise a endossé le rôle d'hôte à l'occasion de la 47<sup>e</sup> session de l'Assemblée parlementaire de la Francophonie (APF) qui s'est tenue du 5 au 9 juillet 2022 à Kigali. Ayant comme objectifs la défense de la démocratie et de l'État de droit, le rayonnement international de la langue française et la diversité culturelle, l'Assemblée se réunit annuellement dans un pays de la communauté francophone. Dans ses fonctions de trésorier de l'APF et de membre de la délégation luxembourgeoise, M. Mars Di Bartolomeo s'est déplacé dans le pays couramment surnommé « terre des mille collines ».

## La diplomatie parlementaire comme fer de lance de la paix mondiale

La diplomatie parlementaire comme fer de lance de la paix mondiale a été au cœur des débats et les membres se sont échangés sur les différents défis, essentiellement de nature sécuritaire, auxquels est actuellement confrontée la communauté francophone. La Secrétaire générale de l'Organisation internationale de la francophonie (OIF), qui est le pendant exécutif de l'APF, Mme Louise Mushikiwabo, a fait le point sur les conflits resurgissant dans certains pays d'Afrique subsaharienne et les instabilités d'ordre institutionnel qui en résultent, sur les effets néfastes de la pandémie du coronavirus ainsi que sur les conséquences de l'invasion de l'Ukraine souveraine par la Fédération de Russie.

M. Adama Bictogo, Président de l'APF et Président de l'Assemblée nationale de la Côte d'Ivoire, a proposé de mettre en œuvre un parlementarisme nouveau, qui s'adapte aux exigences d'un monde de plus en plus complexe et dynamique.

Il préconise par ailleurs une APF « plus conquérante, plus entreprenante et plus flexible », celle-ci devant axer ses priorités sur le renforcement des systèmes démocratiques, sur la parité des genres, tout en incluant les jeunes dans les processus décisionnels.

## Les comptes de l'Assemblée en équilibre

C'est aussi dans cet esprit de diplomatie interparlementaire que s'inscrivent les propos tenus par M. Mars Di Bartolomeo lors de la présentation du rapport financier. Avant d'entrer dans les détails de son intervention, il a tenu à rendre hommage aux victimes du génocide rwandais de 1994 tout en rappelant qu'il est nécessaire de se battre chaque jour pour les valeurs communes à la francophonie qui ne sont, malheureusement, pas « bétonnées ».

En sa qualité de trésorier de l'APF, le député luxembourgeois a obtenu quitus pour sa gestion financière, notamment pour l'exécution des comptes de l'année 2021 et pour l'actualisation de l'année 2022. À son initiative, un fonds de solidarité, alimenté par des versements volontaires, avait été créé en janvier 2021. Les sections béninoise et luxembourgeoise étant les deux seuls contributeurs jusqu'à présent, M. Di Bartolomeo

Hommage à M. Shinzo Abe

# Signature du livre de condoléances

Suite à la mort tragique de l'ancien Premier Ministre japonais, M. Shinzo Abe, le 8 juillet 2022, le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, s'est rendu à l'Ambassade du Japon au Luxembourg pour y signer le livre de condoléances.

Il était accompagné du Secrétaire général de la Chambre, M. Laurent Scheeck. L'ancien Premier Ministre japonais a été attaqué lors d'une manifestation dans la ville de Nara au Japon et a succombé à ses blessures.

M. Shinzo Abe avait rencontré l'ancien Président de la Chambre des Députés, M. Mars Di Bartolomeo, lors d'une visite officielle au Grand-Duché en décembre 2015.



(de gauche à droite) M. Fernand Etgen, Président de la Chambre, M. Jiro Okuyama, Ambassadeur du Japon, M. Laurent Scheeck, Secrétaire général de la Chambre

a, premièrement, proposé d'apurer les sommes débitrices des Comores par ce fonds afin de reprendre les actions de coopération avec la section comorienne, et, deuxièmement, appelé aux sections pouvant se le permettre de contribuer audit fonds. La section ivoirienne a répondu à l'appel en s'engageant à contribuer au fonds à hauteur de 30.000 euros.

## Un partenariat entre l'Université du Luxembourg et l'APF

Finalement, un accord-cadre de partenariat entre l'Université du Luxembourg et l'APF a été ratifié pendant la session plénière. Sous la houlette du Pr Dr Phi-

lippe Poirier, professeur titulaire de la Chaire de recherche en études parlementaires, cet accord cible la promotion des valeurs démocratiques et de la langue française à travers des programmes tels que le Master en études parlementaires en langue française proposé par l'institut universitaire luxembourgeois. Cet accord engage les parties également à développer des formations et des séminaires spécifiques censés œuvrer en matière de coopération interparlementaire. Il propose aussi de mettre sur pied un programme de stages auprès des administrations parlementaires, membres, associés ou observateurs de l'Assemblée.



## Suppression du Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall

**7806 - Projet de loi portant suppression du Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall et :**

**1° modifiant la loi du 24 avril 2017 portant réorganisation de l'établissement public nommé « Fonds du Logement » ;**

**2° abrogeant la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé « Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall »**

Le projet de loi vise à supprimer le Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall et à confier l'ensemble des actifs et des passifs au Fonds du logement.

Pour rappel, le Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall (ci-après le « Fonds ») fut créé par la loi modifiée du 10 décembre 1998. Il avait pour mission :

- l'assainissement, la restauration, la transformation ou l'adaptation des immeubles de la Cité Syrdall ;
- la réfection des infrastructures et des aires d'agrément ;
- l'acquisition des terrains de la Cité Syrdall.

L'accomplissement de la mission principale du Fonds, l'assainissement des terrains, touche à son étape finale. Dans un souci de rationalisation et d'efficacité, il est dès lors proposé de ne laisser subsister plus qu'un seul des deux établissements publics. Après le vote du présent projet de loi, le Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall sera supprimé.

Le Fonds du logement sera dorénavant en charge de l'achèvement des travaux et surtout du développement et de la réalisation ultérieure de logements. Le Fonds du logement dispose de l'expérience, des services et des ressources humaines nécessaires pour mener à bien cette mission ainsi que le suivi des futurs locataires.

|                                                                                                      |
|------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Examen des autres avis<br>Présentation et adoption d'un projet de rapport                            |
| Vote en séance publique : 18.11.2021<br>Loi du 10 décembre 2021<br>Mémorial A : 2021, n° 941, page 1 |

## Koweït : Convention de non double imposition

**7867 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'État du Koweït tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, faite à Luxembourg, le 11 décembre 2007, ainsi que l'Avenant, fait à Luxembourg, le 25 mars 2021, modifiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'État du Koweït tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, faite à Luxembourg, le 11 décembre 2007**

Le projet de loi a pour objet d'approuver la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'État du Koweït tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, faite à Luxembourg, le 11 décembre 2007, ainsi que de l'Avenant, fait à Luxembourg, le 25 mars 2021, modifiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'État du Koweït tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, faite à Luxembourg, le 11 décembre 2007.

La Convention et l'Avenant s'inscrivent dans le cadre des efforts menés par le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg ayant pour but d'élargir le réseau existant de conventions fiscales.

Les modèles de convention fiscale respectifs conçus par les autorités compétentes des deux États ont servi de base pour les négociations.

La Convention et l'Avenant ont pour objet d'éliminer la double imposition tout en évitant de créer des possibilités de non-imposition ou d'imposition réduite par l'évasion ou la fraude fiscales.

L'Avenant négocié entre les deux parties signataires leur permet d'inclure dans le texte de la Convention les mesures sur l'érosion de la base d'imposition et le transfert de bénéfices (« base erosion and profit shifting », BEPS) de l'Organisation de coopération et de développement économiques (OCDE).

|                                                                                                                           |
|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 28.07.2021<br>Rapporteur : M. Guy Arendt |
| Travaux de la Commission des Finances et du Budget<br>(Président : M. André Bauler) :                                     |
| 04.10.2021 Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi<br>Examen de l'avis du Conseil d'État             |
| 18.10.2021 Présentation et adoption d'un projet de rapport                                                                |
| Vote en séance publique : 16.11.2021<br>Loi du 17 décembre 2021<br>Mémorial A : 2021, n° 922, page 1                      |

## Projet « Wältgebond » à Mamer

**7889 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du développement de logements du projet « Wältgebond » à Mamer**

Le projet « Wältgebond », sis à Mamer, dont le Fonds du logement, promoteur public, est le maître d'ouvrage, prévoit la construction de 162 logements et permettra, à terme, d'accueillir quelque 370 habitants. Le projet « Wältgebond » devrait prendre entre six et huit ans avant d'être finalisé. Le Fonds du logement prévoit la réalisation du projet par lots.

Les dépenses engagées ne peuvent pas dépasser le montant de 83.000.000 d'euros.

|                                                                                                                                                                  |
|------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 24.09.2021<br>Rapporteuse : Mme Semiray Ahmedova                                                                |
| Travaux de la Commission du Logement<br>(Présidente : Mme Semiray Ahmedova) :                                                                                    |
| 28.10.2021 Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi<br>Examen de l'avis du Conseil d'État<br>Présentation et adoption d'un projet de rapport |
| Vote en séance publique : 18.11.2021<br>Loi du 10 décembre 2021<br>Mémorial A : 2021, n° 866, page 1                                                             |

|                                                                                                               |
|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 22.04.2021<br>Rapporteuse : Mme Semiray Ahmedova             |
| Travaux de la Commission du Logement<br>(Présidente : Mme Semiray Ahmedova) :                                 |
| 28.10.2021 Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi<br>Examen de l'avis du Conseil d'État |



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Communications

- M. Fernand Etgen, Président

### 3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

### 4. Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen

- Exposé : Mme Martine Hansen

### 5. Heure de questions au Gouvernement

**Question n° 252 du 16 novembre 2021 de M. Claude Wiseler relative au contact tracing, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

- M. Claude Wiseler - Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

**Question n° 253 du 15 novembre 2021 de M. Gusty Graas relative à la grippe aviaire, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

- M. Gusty Graas - M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

**Question n° 254 du 16 novembre 2021 de Mme Myriam Cecchetti relative à une nouvelle alliance pour la sortie des énergies fossiles créée à Glasgow dans le contexte de la COP26, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

- Mme Myriam Cecchetti - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

**Question n° 255 du 15 novembre 2021 de Mme Cécile Hemmen relative à la réforme du Régime général des transports routiers (RGTR) et aux problèmes en résultant pour l'est du pays, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

- Mme Cécile Hemmen - M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 256 du 16 novembre 2021 de M. Marc Goergen relative à l'impact d'une panne du réseau informatique de l'État sur les examens concours du 12 novembre 2021, adressée à M. le Ministre de la Fonction publique**

- M. Marc Goergen - M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique

**Question écrite n° 5221 du 12 novembre 2021 de Mme Françoise Hetto-Gaasch, de Mme Octavie Modert et de M. Léon Gloden relative à la promotion des vins luxembourgeois à l'expo « Dubaï 2020 », adressée à M. le Ministre de l'Économie et à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

**Question n° 257 du 12 novembre 2021 de Mme Chantal Gary relative à la sélection de vins du pavillon luxembourgeois à l'Expo 2020 à Dubaï, adressée à M. le Ministre de l'Économie**

- Mme Octavie Modert - Mme Chantal Gary - M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

**Question n° 258 du 16 novembre 2021 de Mme Martine Hansen relative aux certificats de vaccination falsifiés, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

- Mme Martine Hansen - Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

**Question n° 259 du 16 novembre 2021 de M. Claude Lamberty relative au congé sportif, adressée à M. le Ministre des Sports**

- M. Claude Lamberty - M. Dan Kersch, Ministre des Sports

**Question n° 260 du 15 novembre 2021 de Mme Francine Closener relative aux effets de la pandémie sur le taux d'absentéisme et la santé des enseignants et éducateurs, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

- Mme Francine Closener - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Question n° 261 du 15 novembre 2021 de Mme Djuna Bernard relative à la formation continue dans le secteur de l'éducation non formelle, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

- Mme Djuna Bernard - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Question n° 262 du 15 novembre 2021 de M. André Bauler relative à l'estimation globale des dégâts causés par les catastrophes naturelles récentes, adressée à M. le Ministre de l'Économie**

- M. André Bauler - M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

**Question n° 263 du 16 novembre 2021 de M. Dan Biancalana relative à l'évolution récente de la production industrielle au Luxembourg, adressée à M. le Ministre de l'Économie**

- M. Dan Biancalana - M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

### 6. Motion de Mme Martine Hansen concernant l'offre d'une nouvelle injection dite de « booster » et le lancement d'une campagne de sensibilisation et d'information relative à la vaccination

- Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

- Discussion générale : M. Mars Di Bartolomeo - Mme Martine Hansen - Mme la Ministre Paulette Lenert - Mme Martine Hansen (intervention de Mme la Ministre Paulette Lenert) - M. Fernand Kartheiser - Mme Nathalie Oberweis - M. Mars Di Bartolomeo (intervention de Mme Martine Hansen) - M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Gilles Roth)

- Vote sur la motion modifiée (adoptée)

### 7. Question élargie n° 111 de M. Paul Galles au sujet du Traité de la charte sur l'énergie

- M. Paul Galles - M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie - M. Paul Galles - M. le Ministre Claude Turmes

### 8. Question élargie n° 120 de M. Charles Margue au sujet de la politique d'investissement du Fonds de compensation

- M. Charles Margue - M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale

### 9. Question élargie n° 114 de M. André Bauler au sujet de l'évolution de l'économie digitale durant la crise sanitaire

- M. André Bauler - M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

### 10. Question élargie n° 115 de M. Laurent Mosar au sujet des investissements publics dans le secteur spatial

- M. Laurent Mosar (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie - M. Laurent Mosar

### 11. Question élargie n° 118 de M. Laurent Mosar au sujet du site de production du groupe industriel Liberty Steel à Dudelange

- M. Laurent Mosar - M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie - M. Laurent Mosar - M. le Ministre Franz Fayot

### 12. Question élargie n° 112 de M. Charles Margue au sujet des assurances couvrant les risques liés aux inondations et autres catastrophes naturelles

- M. Charles Margue - M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

### 13. Question élargie n° 117 de M. Laurent Mosar au sujet de l'attractivité de la place financière

- M. Laurent Mosar - M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances - M. Laurent Mosar - M. le Ministre Pierre Gramegna

### 14. 7867 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'État du Koweït tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, faite à Luxembourg, le 11 décembre 2007, ainsi que l'Avenant, fait à Luxembourg, le 25 mars 2021, modifiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'État du Koweït tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, faite à Luxembourg, le 11 décembre 2007

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. Guy Arendt

- Discussion générale : M. Laurent Mosar - M. Claude Haagen - Mme Josée Lorsché - M. Fernand Kartheiser - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch et M. Dan Kersch, Vice-Premiers Ministres ; M. Romain Schneider, M. Pierre Gramegna, M. Claude Meisch, Mme Carole Dieschbourg, M. Marc Hansen, M. Claude Turmes, Mme Paulette Lenert et M. Franz Fayot, Ministres.**

*(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)*

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **Une voix.**- Nee, Här President. Dat ass net de Fall.

### 2. Communications

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzungswoch deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

**Communications du Président - séance publique du 16 novembre 2021**

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants et les comptes du service intérieur de la Chambre des Députés ont été déposés à l'Administration parlementaire :

**7909** - *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale*

Dépôt : M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure, le 08.11.2021

**7910** - *Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2020*

Dépôt : Commission des Comptes, le 10.11.2021

**7912** - *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles*

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 15.11.2021

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

**2099** - *Demande de pétition publique: Booster Impfung op fräiwëlleger Basis, fir jiddwereen*

Dépôt : Mike Dostert, le 10.11.2021

**2100** - *Demande de pétition publique: Mettre fin à l'application du code CP1 lié à un rendez-vous*

Dépôt : Rafaela Ribeiro da Cruz, le 11.11.2021

**2101** - *Demande de pétition publique: Nee zum Veggy-Day, Nee zu engem Dag, wou et an de Schoulkantinne just vegetaresch z'iesse gëtt*

Dépôt : Gérard Koneczny, le 11.11.2021

**2102** - *Demande de pétition publique: Pas de chasse les weekends et pendant les vacances scolaires*

Dépôt : Cyril Perrichon, le 12.11.2021

**2103** - *Demande de pétition publique: Interdiction des battues organisées pour chasser*

Dépôt : Cyril Perrichon, le 12.11.2021

**2104** - *Demande de pétition publique: Obligation de rouler avec les phares allumés pendant les saisons automne - hiver du 01.10 - 31.03.*

Dépôt : Graziella Santuari, le 12.11.2021

**2105** - *Demande de pétition publique: Droit aux différents congés parentaux pour les co-parents (homosexuel et n'ayant pas porté l'enfant)*

Dépôt : Pamela Bilas, le 12.11.2021

**2106** - *Demande de pétition publique: Adaptation du cadre juridique des syndics, droits propriétaires, et adoption des technologies du 21<sup>e</sup> siècle - mise à jour de la loi de copropriété de 1975 (modifiée en 1985)*

Dépôt : Ricardo Topham, le 14.11.2021

**2107** - *Demande de pétition publique: Schluss mat der steierlecher Diskriminéierung géint Eleng-*

*erzéier! / Mettre fin à la discrimination fiscale des familles monoparentales !*

Dépôt : Jean Marie Jean-Pierre Heuschling, le 14.11.2021

**2108** - *Demande de pétition publique: Manque de carte d'identité luxembourgeoise pour les résidents européens à Luxembourg ne détenant pas la citoyenneté luxembourgeoise*

Dépôt : Colette Bugeja, le 15.11.2021

*(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)*

### 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, sou wéi d'Presidentekonferenz e festgehalten huet, ass lech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstannen?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

### 4. Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen

Ech géif dann d'Wuert un déi honorabel Madamm Martine Hansen gi fir den Depot vun enger Motioun. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

■ **Mme Martine Hansen (CSV), auteure.**- Villmools merci, Här President. D'Situatioun hei zu Lëtzebuerg a Bezuch op Covid gesäit net glörräich aus: D'Unzuel vun den Infizéierten, vun de Leit op den Intensivstatiounen hält dramatesch zou a leider stierwen och erëm vill méi Leit u Covid.

Vu datt awer d'Impfung u sech deen eenzege Moyen ass, fir géint déi Pandemie virzegoen, muss genau do agéiert ginn an et däerf elo net ofgewart ginn an diskutéiert ginn, fir „eventuell“ eppes maachen. Et ass bekannt, datt de Schutz vun der éischter Impfung nolléist. Mir begrëssen och, datt d'Regierung elo deene Leit iwwer 65 Joer an de Leit aus dem Gesondheets- a Flegesecteur d'Méiglech-

keet gëtt vun enger Boosterimpfung, mee dat geet net duer. Mir brauchen hei e klore Message: Eng Boosterimpfung ass wichtig, eng Boosterimpfung ass wichtig fir jiddwereen! An duerfir muss och do gehandelt ginn.

An duerfir fuerdere mer d'Regierung op, fir éischten der gesamter Populatioun eng Boosterimpfung ze erméiglechen; fir zweetens, falls de Bedarf do ass, d'Impfzentere, déi elo zou sinn, erëm opzemaachen, fir datt mer mat deene Boosterimpfungen virukommen, an drëtten, an dat ass extreem wichtig, eng richtig Campagne de sensibilisation an Informationscampagne iwwert d'Impfung ze lancéieren. De klore Message muss sinn: Boosteren ass wichtig, an duerfir eng fräiwëlleg Boosterimpfung fir jiddwereen!

Wannechgelift, Här President.

**Motion**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la vaccination contre le Covid-19 reste à ce jour le moyen le plus efficace pour freiner la propagation de variants et pour protéger contre les formes graves de la maladie ;*

*- sachant que de nombreux pays, dont le Luxembourg, connaissent actuellement une résurgence des infections au Sars-CoV-2 ;*

*- notant qu'une majorité des experts et des études préconisent l'administration d'une troisième - ou le cas échéant d'une deuxième - dose de vaccin pour limiter les évolutions graves liées à l'infection au Covid-19 ;*

*- saluant ainsi l'annonce du Gouvernement de l'extension de la dose dite de « booster » pour les 65 ans et plus ainsi que pour les personnes travaillant dans le secteur de la santé et des soins,*

*invite le Gouvernement*

*- à offrir une nouvelle injection de rappel dite de « booster » à toute la population éligible à la vaccination pour renforcer le système immunitaire des vaccinés ;*

*- à ouvrir, en cas de besoin, tous les centres de vaccination afin de pourvoir administrer la dose de « booster » le plus rapidement possible ;*





- à lancer une vaste campagne de sensibilisation et d'information relative à la vaccination.

(s.) Martine Hansen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Gilles Roth, Claude Wiseler.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Hansen.

## 5. Heure de questions au Gouvernement

Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. Laut Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro ze stellen, an der Regierung sti véier Minutten zou. Ech wier jidderengem dankbar, sief dat de Froesteller, sief dat d'Regierung, wa jidderee sech géif un déi Zäit halen. Da kéinte mer d'Froen alleguer evakuéieren.

Als Éischt hu mer d'Fro Nummer 252 vum Här Claude Wiseler un d'Madamm Gesondheetsministesch iwwert de Contacttracing. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 252 du 16 novembre 2021 de M. Claude Wiseler relative au contact tracing, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Merci, Här President. Mir hate 490 Neiinfektione gëschter. Dat sinn am Fong Tauxe vun Neiinfektione wéi mer se ufanks des Joers haten. Mir sinn nach bei manner wéi am Oktober, November, mee trotzdeem schonn extreem héich par rapport zu deem, wat mer an deene leschte Méint kannt hunn.

Mir wëssen, datt mer am leschte Joer a verschidene Méint, verschiddene Wochen extreem Schwieregkeeten hate mam eisem Contacttracing, datt se net méi richteg nokomm sinn, datt et laang Delaie waren, fir unzeruffe bei Infizéierten, datt duerno och Delaie waren, éier déi Leit ugeruff kruten, déi hu mussen en quarantaine gesat ginn.

Déizäit ass gesot ginn, datt mer gutt ekipéiert wären, fir de Contacttracing ze maache bei bis zu 200 Neiinfektione den Dag. Et ass gesot ginn, datt mer mat augmentéierte Capacitéite bis zu 400 Infektione kéinte behandelen, déizäit. Haut gesi mer, datt d'Delaie och een, zwee Deeg sinn, bis d'Resultater vu PCR-Tester do sinn, zwee Deeg, bis de Contacttracing urift, och nach een, zwee Deeg, bis d'Kommunikatioun bis bei déi Leit kënnt, déi sollen a Quarantän gesat ginn. Dat sinn awer véier bis sechs Deeg, déi relativ wichteg sinn an deem ganze Prozess, déi hei momentan elo oflafen, éier déi Leit dann definitiv Bescheed kréien, déi mussen, déi sollten en quarantaine gesat gi respektiv déi sollten op sech selwer oppassen.

Meng Fro un d'Madamm d'Minister ass, éischtens: Ass hei elo opgestockt ginn an dem Contacttracing? Et ass eng Ekip, déi eng gutt Aarbecht mécht, mee hu se genuch Capacitéiten? Wéi eng Capacitéiten hu se? A wéi eng Delaie existéiere momentan?

Da wollt ech och nach hannendrun d'Fro stellen, datt et esou ass, datt mer och gesinn, datt eng ganz Rei Leit Schwieregkeeten hunn, och praktesch, wa se PCR-Tester maachen, fir déi ofgewéckelt ze kréien. Zum Beispill muss ee fir e PCR-Test online d'Ordonnance eraginn, fir e QR-Code ze kréien. Mat deem QR-Code muss een dann op d'Impfstatioun goen. Déi Leit, déi awer Schwieregkeeten hunn, e QR-Code ze kréien, hunn heiansdo elo wierklech Schwieregkeeten, fir sech kënnen deene Prozeduren ze ënnerwerfen. An et kënnt souguer vir, datt se dann op der Impfstatioun gesot kréien: „Mee krut Der dat neterausgeprint?“ Eng Rei Leit hu kee Printer doheem, ginn dann op d'Tankstell niewendrun, fir et dann doerausgeprint ze kréien, fir sech mam QR-Code kënnen impfen ze goen. Dat heescht, eng ganz Rei Situatiounen, déi schwiereg sinn.

An do wollt ech froen, ob déi Prozeduren och nach eng Kéier kéinten iwwerkuckt ginn, fir se ze vereinfachen an och esou gerecht ze maachen, datt jiddwereen déi Tester, déi e brauch, ouni ze vill Problemer mat de QR-Codé ka kréien. Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wiseler. D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Merci, Här President. Wéi Der lech alleguerte kënnt virstelle mat den Aktualitéiten déi lafen, sinn eis Ekippen an deene leschten zéng Deeg op Héichtouren ënnerwee. Mir schaffen op der Gestiou vum der Kris, ganz intensiv, bis an d'Nuecht eran. An ech kommen och ouni Pabeier heihinner, well et mengen Ekippen net méiglech war, déi vill Question-parlementaire-urgente plus déi mëndlech elo hei esou ze preparéieren, wéi een dat an normalen Zäite misst kënnen maachen.

Ech kann lech awer gären Äntwert stoen. Mir sinn natierlech mat dem Ustig vun den Neiinfektione mam Contacttracing amgaangen, eis Lëschten ofzeruffe vu Leit, déi mer kënnen an den Asaz huelen. Et ass awer och esou, dass een d'Leit net vun haut op muer iwwer Nuecht do stoen huet. Mir hu Liste-de-réserve vu Leit, déi disponibel sinn, déi an

der Normalitéit manner disponibel si wéi zu Zäiten, wou mer am Lockdown waren, wou vill Aktivitéiten net fonctionéiert hunn. Dat ass an engem Kontext, wéi mer en haut hunn, vill méi schwiereg, well d'Leit erëm schaffen - Gott sei Dank nees schaffen! - an op der Aarbecht sinn.

Ech kann lech awer rassuréieren, dass mer bannent kuerzer Zäit vill Beamten nees mobiliséiert hunn, déi ofgeruff gi sinn, déi och iwwert de leschte Weekend schonn an den Asaz gaange sinn. Mir si mat der Arméi amgaangen, do hu mer eng éischt Ekip vu Leit, déi schonn an den Asaz koumen. A mir sinn amgaangen, weider Ekippen opzustellen, mee et hëlt e puer Deeg Zäit.

Mir sinn am Verglach, international, mengen ech, ganz reaktiv. Contacttracing ass de Schlëssel vun der Gestiou vum der Kris, däers si mer eis bewosst. Mee vun haut op muer an iwwer Nuecht geet et leider néierens, och bei eis net. Mee et ass genau dorobber, wou eis Leit schaffen am Moment. An ech sinn och frou, dass se prioritär dorobber schaffen a mir net laang Notte schreiwen. Ech si genuch an der Kris dran, fir hoffentlech hei genuch Ried an Äntwert kënnen ze stoen.

Fir Är Fro ze beäntwerten: Mir sinn iwwer 30 % eropgaangen. An effektiv, mir sinn extreem beméit, fir Mann a Maus ze beweegen, fir eis Räng do ze verstärken. Dat wäert iwwert den Hierscht nach ëmmer d'Schlëselfonction sinn am Contacttracing. D'Gestiou vum der Kris, déi steet a fält domadder, wéi aktiv mer sinn. Dat ass bei eis net anescht wéi an deenen anere Länner. An do si mer am Moment beméit, eeben och privilegiéiert mat der Arméi ze kucken, erëm ganz Ekippen ze kréien. Dat hate mer an där éischter Phas och schonn an do wäerte mer och haut elo erëm drop zrëckgräifen, fir iwwert dee Wee eis Ekippe verstärkt ze kréien.

De Prêt de main d'œuvre huet ons laang iwwer Waasser gehalen. Dat ass och elo - ech muss soe Gott sei Dank! - net méi esou einfach; dat ass alles relativ. Dat si Leit, déi och elo erëm normal kënnen schaffen. Mir hate ganz vill Leit vun der Luxair beispillsweis am Asaz déi Zäit, wou net esou vill geflu ginn ass, pandemiebedéngt. Haut gëtt erëm geflunn, dann ass déi Pist natierlech net méi fruchtend. Mee dofir si mer amgaangen, aner Weeër ze exploréieren.

Ech si mer awer bewosst, dass grad am Moment an och déi lescht Woche Schwieregkeete waren, an och dofir vu mir aus hei eng Kéier den Opruff fir Verständnis. Eis Hotline ass immens gefuerdert. Et ass eng grouss Nervositéit do elo bei de Leit. D'Leit hu vill Froen, si maache sech vill Suergen. Eis Hotline ass iwwerlaf. An do géif ech wierklech jiddweree bieten, dat néidegt Verständnis opzebréngen. Mir brauchen e gewëssene Moment, fir nees opzerëschten hannendrun. Mir si relativ schnell, am Verglach zu anere Länner. Mir si jo och do am permanenten Austausch.

Och do lafen eis Aarbechten op Héichtouren, fir den Austausch ze hu mat eisen Nopeschlänner. Iwwerall gesitt Der, dass Annoncé vun neie Mesuré kommen. Och dat fuerdert eis. Dat suivéiere mer natierlech. Mir echangéieren eis och en direct. A mir kucken do, beschtméiglech Proposen och hei fir dëst Haus ze maachen, dat esou zäitno wéi méiglech. Mee dat Onméiglecht kréie mer net hin. Mir hu leider keen Zauberstab. Wann iergendeen dee fir eis huet, huelen ech e gären.

Ech géif och gären drop hiweisen, zu der Motioun, déi virdrun eragaangen ass, dass mer schonn annoncéiert hunn als Regierung, dass mer zäitno, souguer dës Woch nach, wäerten iwwer weider Schrëtt nodenken, mat de Boosterimpfungen. À ce stade suivéiere mer exactement eis Experten. Dat si fir eis d'Medezinner, dat ass eise Conseil supérieur des maladies infectieuses, deen eis eng ganz kloer Weisung ginn huet, wie mer elo prioritär solle booster. Dat ass um Lafen. Dat sinn déi eeler Leit. Et ass do, wou et wierklech sanitär indiquéiert ass. Do si mer jo mam Alter och erofgaangen, à la lettre esou, wéi et vun eisen Experte virginn ass.

Mee mir sinn ons dem politeschen Drock bewosst, mir sinn ons dem psychologeschen Enjeu bewosst. Et ass eng grouss Demande do fir Boosterimpfungen. An dat si mer och dës Woch amgaangen ze evaluéieren a mir wäerten dat nach fir dëse Regierungsrot um Ordre du jour hunn, sou wéi et annoncéiert war. Do kann ech lech berouegen. Do wäerten och nächst Schrëtt kommen, fir ëmmer erëm en Equilibre ze fannen tëschent dem gesellschaftspoliteschen Drock an deem, wat sanitär eebe maassgebend ass.

A wéi gesot, do si mer à ce stade à la lettre bei deem, wat eis Experten eis zäitno roden. Dat heescht, de leschte Méindeg ass deen Avis komm an deen hu mer elo mol ëmgasat, deem hu mer wierklech déi Prioritéite ginn, déi sanitär gebuede sinn. An deen anere Volet, do wäerte mer eis och drëms këmmen, souwäit mer Raum dofir hunn.

Ech géif lech Merci soen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci der Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 253 vum Här Gusty Graas un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung iwwert d'Vullegripp. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 253 du 15 novembre 2021 de M. Gusty Graas relative à la grippe aviaire, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

■ **M. Gusty Graas (DP).**- Merci, Här President. D'Gefligelpesch oder d'Vullegripp, déi huet eis jo schonn an deene leschte Joren ëmmer eng ganz Rei Problemer gemaach. Dat huet derzou geféiert, datt eng Rei Bestänn eebe leider dann och hu mussen dout gemaach ginn. Dee leschte Fall, mengen ech, war de leschte 6. September hei zu Lëtzebuerg.

Elo ass et allerdéngs esou, datt d'aviaire Influenza mat de Virus-Soustypen H5N1, H5N8 an H7N7 sech elo schnell an Europa ausgebreet huet, dat och virun allem an enger Rei vu Länner, déi an der Europäescher Unioun sinn: ënner anerem Dänemark, Estland, Italien, Holland, Polen an och eis Nopeschlänner Frankräich an Däitschland. Besonnesch dramatesch ass d'Situatioun jo de Moment a Polen. Do hu bis elo eng Véierelsmillioun Hénger a Schnuddelhénger mussen noutgeschluecht ginn. Och an Holland goufen 127.000 Déiere gekeult, an Däitschland 42.500. Ech wëll betounen, dass ech déi Informatiounen alleguer aus dem „Lëtzebuerger Bauer“ vum leschte Freiden hunn.

An de Landwirtschaftsministère hat do jo och scho relativ séier reagéiert: En huet e Communiqué erausginn de leschten 9. November, wou e matgedeelt huet, datt de Virus de Moment, glécklecherweis, hei zu Lëtzebuerg net present wär. En huet och en Appell gemaach, datt d'Déiere sollen ënnerdaach gehale gi respektiv datt se net sollen den Accès hunn zu Plazen, wou se kéinten drénken, wou awer och wëll Déiere kéinten hikommen.

Ech hätt awer an deem Kontext trotzdeem elo dräi Froen hei ze stellen, Här Minister.

Éischtens: Wéi huet d'Situatioun sech lo an deene leschten Deeg entwéckelt? Sinn do nei Momenter agetrueden?

Zweetens: Besteet eng reell Gefor, datt d'Vullegripp erëm op Lëtzebuerg zrëckkënn?

An drëttens wollt ech nach wëssen, inwiefern awer vläicht d'Detenteuren, d'Propriétaire vun esou Bestänn och méi geziilt informéiert ginn. Geet dat iwwer e Communiqué vum Ministère eraus? Gëtt do versicht, nach méi eng geziilt Informatioun ze maachen?

Voilà, dat war et schonn. An ech soen lech am Viraus Merci fir d'Äntwerten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Graas. Den Här Landwirtschaftsminister Romain Schneider huet d'Wuert.

■ **M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.**- Merci, Här President. Merci och dem Här Graas fir dës Froen; en Theema, dee mer scho méi dacks op dëser Tribün diskutéiert hunn, well d'Vullegripp ëmmer erëm reegelméisseg zrëckkënn.

Ben, effektiv kënnen mer soen, datt an Europa de Moment ganz vill Fäll vu Vullegripp sinn, virun allem, mengen ech, bei Wëldgefligel, mee och bei Hausgefligel, dat bedéngt virun allem och duerch Kontaminatioun iwwer Zuchvigel.

An ech mengen, verschidde Souchen, déi effektiv de Moment ënnerwee si vum Virus - engersäits den H5N8, den H5N1 an deen neien H5N7 (veuillez lire: engersäits d'Souchen H5N8, H5N2, H5N3 a virun allem d'Souche H5N1, déi am heefegsten optrëtt) -, sinn der, déi natierlech och bekannt sinn, virun allem och bei eiser Veterinärinspektioun.

Ech mengen, d'Vullegripp hei zu Lëtzebuerg, déi war ausgebrach eng Kéier 2017 an eng Kéier 2021. Si war allkéiers ausgebrach bei Hobbyziichter virun allem, an dat allkéiers, wann et drëm goug, aus dem Ausland Gefligel heihin ze importéieren, dat virun allem vu Mäert aus der Belsch. An ech mengen, vun do aus ass et esou, datt virun allem an deene groussen Ziichtereie bis elo nach ni e Fall opgefall ass.

Et ass och elo esou de Moment - dat war jo eng vun de Froen: Wéi gesäit et de Moment aus? -, datt mer hei zu Lëtzebuerg effektiv de Moment nach kee Fall vu Vullegripp hunn, mee datt mer dat natierlech vu ganz no suivéieren.

An dofir hu mer och an der Tëschenzäit schonn an dësem Joer véier Communiquéen erausginn, fir allkéiers matzäit drop hinzewiesen - Dir hutt gefrot: Wéi gi virun allem déi Professionell, mee och soss jiddwereen drop higewisen? -, datt virun allem gekuckt soll ginn, déi sanitär Moosnamen ze respektéieren.

An et ass och esou: Wann e positive Fall géif opkomme bei eis, géifen direkt och déi Professionell

informéiert ginn an engem direkte Kontakt. Do ass e Listing do, fir se séier ze informéieren. Mir kucken, wéi gesot, dat och allkéiers ganz no ze suivéieren.

Bei eis gi jo och Tester gemaach, engersäits op dem Gefligel, wat ofgeliiwert gëtt, souwuel Wëldgefligel wéi och normaalt Gefligel, iwwert d'Hausgefligel. Et gi reegelméisseg och Tester gemaach bei deene professionelle Strukturen. A wéi gesot, bis elo ass et an eise Laboen esou, datt nach kee positive Fall konnt festgestallt ginn, ausser eeben deem engen, deen do aus dem Ausland agefouert gi war bei engem Hobbyziichter. Do goufen dann och déi néideg Moosname getraff. Dëse Bestand ass an deem Moment och gekuckt ginn ze eliminéieren. An an deem Moment ass och de Status ronderëm erëm organiséiert gewiescht.

Bon, wéi gesot, iwwer Communiqué kommunikéiere mer, an de Fachzäitschrëften, awer och an der normaler Press. A wann eng Kéier e Fall optrëtt, ginn och déi Professionell direkt informéiert. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Landwirtschaftsminister Romain Schneider.

An mir kommen elo zur Fro Nummer 254 vun der Madamm Myriam Cecchetti un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung iwwert déi nei Allianz am Beräich vun der Sortie aus de fossillen Energien, an dat am Kontext vun der COP26 zu Glasgow, wat do entstanen ass. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 254 du 16 novembre 2021 de Mme Myriam Cecchetti relative à une nouvelle alliance pour la sortie des énergies fossiles créée à Glasgow dans le contexte de la COP26, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Lo ass d'Fro scho bal gestallt.

(*Hilarité*)

Merci, Här President. Här President, déi lescht Woch huet sech am Kader vun der COP26 eng Allianz gegrënnt mam Numm „Beyond Oil and Gas Alliance“, kuerz BOGA genannt. Dänemark a Costa Rica stinn um Ursprong vun dëser Allianz, där sech op der COP zu Glasgow och nach Frankräich, Schweden, Grönland, Irland, Quebec a Wales ugeschloss hunn. Donieft sinn och nach de Bundesstaat Kalifornien, Neiséiland a Portugal associéiert, an Italien ënnerstëtzt d'Allianz och emol nach am Moment.

D'Allianz huet sech gegrënnt op Basis vun der gemeinsamer Iwwerzeegung, dass d'Investitioun an d'Produktioun vu fossillen Energieträger onbedéngt muss ophalen, wann d'Ärderwirmung nach ënner 1,5 °C soll bleiven, wat scho schlëmm genuch ass fir verschidde Staaten a Völker. Si ënnersträicht, dass déi aktuell Investitiounspolitik vun de Staaten zu enger Steigerung vun der Produktioun ëm 2 % d'Joer wäert féieren, während eng Reduktioun vun 3 % bis 4 % d'Joer néideg wär, fir dat Zil vun 1,5 °C nach realistesch kënnen ze erreechen.

Lëtzebuerg huet sech dëser Allianz net ugeschloss. Dozou wëllt ech dann der Madamm Ëmweltminister folgend Froe stellen.

Éischtens emol: Wéi schätzt d'Regierung dës Allianz an? Steet se hir positiv géigeniwwer?

Zweetens: Deelt d'Regierung d'Positioun vun dëser Allianz, dass d'Investissementer an d'Produktioun vu fossillen Energien direkt gestoppt musse ginn, fir datt d'Ärderwirmung ënnert déi 1,5 °C fale kann?

Drëttens: Wéi begrënnt d'Regierung hir Decisioun, dëser Allianz net bäizetrieden, respektiv plant d'Regierung, dëser Allianz zukünfteg awer vläicht nach bäizetrieden?

An da véiertens, wat e ganz wichtege Punkt ass: Steet d'Investitiounspolitik vum Fonds de compensation an och vum Fonds souverain intergénérationnel net am Widdersproch zu der Zilsetzung vun dëser Allianz? Well do gëtt a verschiddene Rapporten ëmmer nach vun 2 % Ärderwirmung geschwat.

Schonn am Virus villmools merci fir d'Äntwerten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Cecchetti. D'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Carole Dieschbourg, huet d'Wuert.

■ **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.**- Villmools merci, Madamm Deputéiert, fir dës Fro, déi mer d'Geleëenheet gëtt, nach eng Kéier op déi sëllegen Initiative vun der COP26 hinzewiesen.

A vläicht zu der éischter an der zweeter Fro: Déi kann ee kloer mat Jo beäntworten. Dee Moment, wou mer gewuer gi sinn, dass Dänemark a Costa Rica dat lancéiert hunn, hu mer, wéi aner Länner och, bei eis e Prozess lancéiert, fir fir d'éischt ze analyséieren, wat dat doten ass. Well et ass d'Allianz, déi heescht „Beyond Oil and Gas“ - dat incluéiert jo och nach net all aner Energien, déi mer net wëllen hunn. Dir wësst, datt mer op der COP26 och mat véier aneren europäesche Memberlänner





am Beräich Atomenergie - wou mir och mengen, dass et wichteg ass, dass déi net an der neier Taxonomie mat dran ass - aktiv waren. Dat heescht, mir hu fir d'éischt elo analyséiert: Wat ass dat heiten, wat vun Dänemark a Costa Rica lancéiert ginn ass? An dunn hu mer natierlech direkt Kontakt opgehall mat Dänemark.

Mir sinn nach net als „friend“ opgeléscht. Mir maachen awer grad d'Efforten, mir maachen eng Prozedur, déi all Memberstaat, deen do wëllt Member ginn, mécht. Dat ass eng Due-Diligence-Prozedur. A wann dat bis ofgeschloss ass, da wäert och Lëtzebuerg hoffentlech net nëmmen zu den associéierte Memberen a Friends zielen, mee d'Zil ass et schonn, e vollwäertge Member vun där Allianz ze ginn.

Well ech awer nach ganz e bësse Riedezäit hunn: Déi wichtigst Allianz op der COP, fir d'Ambitioun bäizehalen, fir d'1,5-Grad-Zil nach maachbar ze maachen, dat war d'High Ambition Coalition. Déi ass jo 2015 ënnert dem Tony de Brum vun de Marshall Islands zesumme mat Europa deemools op de Wee geschéckt ginn, an do hu mer mol dat 1,5-Grad-Zil an de Paräisser Accord erakritt. Déi Allianz huet sech während dëser COP vermeert getraff. Mir haten och wichteg Invitéen, wéi en Obama, dee schwätzt komm ass, virun deene Ministeren. An dat huet och mat dozou bäigedroen, dass dat 1,5-Grad-Zil ganz kloer gestäerkt ginn ass an dem Outcome vun dëser COP26 zu Glasgow. Also déi High Ambition Coalition, do ass Lëtzebuerg zanter 2015 Member. An dat ass déi, déi politesch sécherlech dat gréisst Gewicht bis ewell hat an op all COP den aktivste Rôle hat.

Vläicht awer och net ze verpassen: Zanter 2017 ass Lëtzebuerg och an enger Allianz, déi heescht Powering Past Coal Alliance. Dat heescht, do geet et ëm de Kuelenausstieg. An Dir hutt jo matkritt, dass mer et op dëser COP bal gepackt hätten - an um Applaus am Sall huet een et ganz kloer héieren -: Ausser Indien a China wär jidderee bereet gewiescht, aus der Kuel erauszeklammen. Elo ass d'Resultat net immens, net esou gutt: Mir ginn elo erof mat der Kuel, mee nach net eraus. Do wäerte mer sécher weider dru schaffen, an dat besonnesch an där Allianz, déi Powering Past Coal heescht, déi et zanter 2017 gött, wou awer mëttlerweil 137 Acteuren aktuell mat dra sinn.

An da gött et nach eng, déi ech perséinlech och ganz wichteg fannen, eng, wou mer dru schaffen, fir de Lien ze maache mat zum Beispill Methan, mat zum Beispill grad all deene Saachen, déi mat Loftqualitéit och direkt ze dinn hunn. Déi Allianz heescht Climate and Clean Air Coalition. Do si 46 Länner dran an do ass Lëtzebuerg och en Deel vun den Acteuren. Well de Klimaschutz an d'Loftqualitéit, dat geet ganz oft zesummen. Dat heescht, et ass ganz wichteg. Dofir mäi Message: Mir wëllen hei net nëmme Member ginn, mee et ass ganz wichteg, dass mer eis zesummendinn, fir op deenen nächste COPen dann och déi nächst grouss Schrëtt kënnen ze maachen, grad am Beräich vun den Ambitiounen.

An domadder soen ech lech Merci, dass Der mer d'Méiglechkeet ginn hutt, heirop anzegoen.

■ **Une voix.** - Très bien!

*(Interruption par Mme Myriam Cecchetti)*

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Dieschbourg. Madamm Cecchetti, et ass net virgesinn, eng Zousazfro bei dem Exercice vun de mëndleche Froen ze stellen.

*(Interruption par Mme Myriam Cecchetti)*

Mir kommen elo zur Fro Nummer 255 vun der Madamm Cécile Hemmen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten iwwert d'Reform vun RGTR an déi doduerch entstane Problemer am Oste vun Land. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 255 du 15 novembre 2021 de Mme Cécile Hemmen relative à la réforme du Régime général des transports routiers (RGTR) et aux problèmes en résultant pour l'est du pays, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).** - Merci, Här President. Virun engem knappe Joer ass d'RGTR-Reform jo a Kraaft getrueden. Déi huet fir vill Géigende Virdeeler mat sech bruecht. An et ass jo och gewosst, dass dat, wat d'Attraktivitéit vum ëffentlechen Transport ausmécht, fir vill Leit d'Zäit ass, déi si mat dësem Modell am Verglach zum Auto fir op hir Destinatioun brauchen.

Manner zefridden, Här Minister - leider wësst Der et -, sinn dohier vill Gemengen an och vill Leit aus dem Oste vun Land, notament aus der Géigend ronderëm lechnach a Jonglënster. Hir Linnen, den 110 an den 111, sollen duerfir ab Dezember bis op de Glacis verlängert ginn. Här Minister, wat wäert dës Ëmstellung dann elo a puncto Zäitgewënn mat sech bréngen?

An enger Entrevue mat mengem Kolleeg Ben Streff hat Dir de Problem och erkannt an lech fir Léisungen oppe gewisen, déi d'Leit erëm méi séier mam ëffentlechen Transport an de Stadzentrum kéinte bréngen an och esou d'Attraktivitéit vun Bus erëm

géife klamme loosse. An an den Informationsversammlungen hutt Der och de Bierger versprach, dass, wann et gréisser Problemer géif ginn, punktuell Upassunge vun de Linne géife gemaach ginn.

Sidd Dir, wéi deemools an där Entrevue, Här Minister, nach ëmmer der Meenung, dass e Plus vu 40 Minuten den Dag - also mëttlerweil iwwer 100 Stonne méi -, déi d'Leit wéinst der Reform gebraucht hunn op dëse Linnen, einfach ze vill ass? A wa jo, wéi eng Léisunge gesitt Dir hei?

Ech hunn lech zu dësem Sujet jo och am Laf vum leschte Joer net nëmmen eng Question parlementaire gestallt, an an all Äntwert hutt Dir, Här Minister, ugin, dass de Bus tëschent Gonnereng an dem Kierchbiere e staufräie Couloir sollt kréien an dass dësen och eng absolutt Prioritéit fir lech wier. Meng Fro haut: Kënn Dir eis wannechgeléift soen, wou dëse Projet drun ass?

An an der Äntwert vun enger weiderer rezenter parlamentarescher Fro vun der Madamm Carole Hartmann sot Dir, Här Minister, dass et zu dëse Linne weider keng „signifikativ“ Reklamatioune géif ginn. Mee niift de Reklamatioune vun de Bierger hu jo awer notament nach mat Bäerdref a Bech och zwou Gemengen offiziell reklaméiert. Ech géif mengen, wann Der erlaabt, dass dat awer signifikativ genuch ass.

Dir verweist och op Etüden, déi beleëen, dass fir d'Leit aus dem Raum lechnach den Terminus Kierchbiere vill méi attraktiv wier. Wéi sinn dës Etüden zustane komm?

A wéi erkläert Der lech dann elo ofschléissend nach d'Resultat vun enger Enquête an der Gemeng Bäerdref, wou iwwer 78 % vun de Leit soen, dass si zanter der Reform méi op den Auto wéi op den ëffentlechen Transport zréckgräifen. D'Dierfer Bäerdref a Consdorf sinn am Feierwond mol net méi eemol an der Stonn ze erreechen. Fir an d'Haaptstad ze kommen, soll net hei wéinstens fir déi schaffend Leit eng Verbesserung kommen, spriech erëm minimum een 111 all Stonn agesat ginn?

Ech soen lech Merci fir den Osten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Hemmen. Den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Merci Här President, an och fir d'Froe vun der Madamm Hemmen.

Et ass natierlech e bësselche méi komplizéiert. Wann ech natierlech nëmme misst no Bäerdref an no Konsdorf kucken, da wär dat natierlech vill méi einfach. An et ass och esou, dass ... Bei allem Respekt, ech wëll net soen, Bäerdref a Konsdorf, déi wäeren net gradesou vill wäert wéi eng aner Gemeng, mee wann Der hei schwätzt vu signifikativ an net signifikativ, da muss Der mer awer Recht ginn, dass den Oste méi wäit geet, wéi dass ee just Bäerdref a Konsdrëf géif kucken.

A wat d'Schwieregkeet heiran ass, fir Léisungen ze sichen, dass ass, dass mer musse Léisunge fannen, déi net erëm op d'Käschte gi vun anere Regiounen. Well wann dann op eemol musse Detoure gemaach ginn oder méi muss gehale ginn, wat och ëmmer, da musse aner Regiounen herno duerfir de Präis bezuelen. Also et kann net sinn, dass mer eppes op enger Plaz maache fir en Deel vun der Bevëlkerung, wou mer eppes erëm ännere ginn, an dass dat op där anerer Plaz dann erëm zu Verschlechterunge féiert. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass: Ech liesen lech elo mol Zuele vir, fir dass et awer och jiddwerengem dobausse kloer ass, well wa mer hei schwätzen ... Et gött jo e bëssen duergestallt dobausse vu verschiddene Leit, wéi wa mer fir den Oste respektiv fir d'Regioun do näischt gemaach hätten. Mir furen haut 44 % méi Kilometer wéi virun der Reform; also virun der Reform, dat war virun 2019. An déi 44 %, dass ass am Juli d'nächst Joer, well am Juli d'nächst Joer soll jo dee Reformdeel, de groussen Deel ofgeschloss sinn. Mir si jo nach net ganz um Enn: Et kommen elo am Dezember nach Ännerungen an et kommen der och nach am Juni d'nächste Kéier. Dat hat ech och alles schonn ugekënnegt, mee dat gött ëmmer alles ganz gär iwwerhéiert. Also déi 8,2 Milliounen Kilometer, déi mer méi fuere par rapport zu virun, dat entsprécht engem Invest, eleng fir den Osten, vu 26 Milliounen Euro d'Joer - d'Joer! Et gött méi gefuer, wéi den RGTR virun hat.

Da gött et e spezifesch Problem, dee gött et effektiv: lechnach an dann déi Uertschaften, wou Der gesot hutt, an haaptsächlech e spezifesch Problem vun deene Leit, déi do wunnen an déi gären an d'Uewerstad wëllen. Ech wëll awer och derbäisoen: Datt de Gros vun de Bussen op de Kierchbiere fiert, dat huet domat ze dinn, well do déi décksten Demande ass. De Gros vun de Leit, déi reklaméieren natierlech net, dat heescht all déi, déi am lechnacher Raum wunnen an déi um Kierchbiere sinn, déi immens frou sinn, well d'Verbindung do vill besser ginn ass. Déi gi jo natierlech net Lieserbréier

schreiwen an déi äussere sech och net dobaussen. Dat ass verständlech, dass ass och normal. Hei äussere sech natierlech déi, déi elo hei méi schlecht ewechkommen, déi, déi wëllen an d'Uewerstad furen.

An ech hunn och deemools gesot ... An dat huet och näischt mam Här Streff ze dinn, ech hunn dat och scho viru gesot. Ech hat och eng Question parlementaire, mengen ech, vum Här Gloden schonn eng Kéier gestallt kritt dowéinst, wann ech mech net ieren. Ech hunn der schonn esou vill musse beäntwerten zu deem Sujet hei, dass ech net méi weess, wie wat fir eng Fro entre-temps gestallt huet, mee ech soen och ëmmer dat nämmlech: dass mer natierlech dat alles kucken an dass mer nach net um Enn si vun der Reform - dass ass eréischt am Juli d'nächst Joer - an dass mer och bis dohinner Léisunge fonnt hunn.

A mir hunn och scho vill Variante gekuckt. Och déi, déi ech vu verschiddene Leit virgeluecht kritt hunn, hu mer gekuckt. Ech kann lech awer als gutt Nouvelle matdeelen, dass fir den 12. Dezember 2021 d'Linnen 110 an 111 bis bei den Arrêt Theater wäerte verlängert ginn.

Gesitt Der, Madamm Hemmen: Mir schaffe vill, mee mir wëlle gär déi Léisunge sichen, déi och Kapp a Fouss hunn, an net déi, déi vläicht gutt kléngen, gutt wirken a gutt maachen, wann een déi esou seet a sech vläicht och selwer opzeechent unhand vu Pläng. A mir hunn elo eng Léisung fonnt, wéi mer déi Linne kënnen esou organiséieren, dass mer dat dann dohinner kënn verlängeren.

Ech soen lech awer och derbäi, dass am Kader vun där ganzer Reorganisatioun vum ëffentlechen Transport och no 2022 nach wäerte Verännerunge kommen, well mir si jo nach net fäerdeg mat allen aneren Infrastrukturen, déi wäerte gebaut ginn. An et sinn och aner Regiounen am Land, genauso gutt wéi deen dote Raum, déi nach net 100 % zefridde sinn a fir déi sécherlech och nach musse Verännerunge gemaach ginn. Mee dat ass alles evolutiv. Déi Investissementer, déi mer de Moment maachen am ëffentlechen Transport - an de Bus ass en Deel dovunner, et muss een et ëmmer kombinéiert gesi mam ganze Rescht -, sinn enorm.

Dat kënn Der och international kucken, dass kréie mer och international mega unerkannt entre-temps. Mir hunn de loin déi héchsten Investissementer am Ausbau vum ëffentlechen Transport, mee nach muss alles fir d'éischt eng Kéier fäerdeg gebaut sinn! An de grouse Sprong kënn fir de Farplangwiessel am Dezember 2024, also no de Walen 2023 - Dir gesitt also, wéi mir déi Walen esou egal sinn!

*(Exclamations et hilarité)*

Ech hunn dat esou getimet, dass et souguer hannert d'Wale kënn.

*(Hilarité)*

Dat ass awer Zoufall. Ech kann lech awer och soen, firwat dat esou ass. Dat ass net, well ech et net gär éischter fäerdeg hätt, mee dat ass, well d'Chantieren esou geplangt sinn, dass de Gros vun de Chantieren am ëffentlechen Transport eréischt da fäerdeg ass.

Also den Dezember 2024 kënn de grouse Sprong. A bis dohinner wäerten am Bus och nach vill Ännerunge kommen. An och nach dono wäerten der nach eng Kéier vill kommen. A fir déi zwou Linnen do, wéi gesot, hu mer eng Léisung fonnt an déi gött am Dezember agefouert. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bausch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 256 vum Här Marc Goergen un den Här Minister fir d'Fonction publique iwwert den Impact vun der informatescher Pann op d'Staatsesame vum 12. November 2021. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 256 du 16 novembre 2021 de M. Marc Goergen relative à l'impact d'une panne du réseau informatique de l'État sur les examens concours du 12 novembre 2021, adressée à M. le Ministre de la Fonction publique**

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Leschte Freideg kum et zu enger gréisser Pann an den IT-Servicer vum Staat. An do waren awer och Staatsexamen amgaangen. A wéi mer do Leit gesot hunn, kumen déi dann dunn net an de System era beziungsweis goufen erëm erausgehäit, während se mam Staatsexamen amgaange waren. An dofir hunn ech haut e puer Froen un de Minister, wéi et dann an deem Fall vun deene Leit weidergeet, déi do amgaange waren, de Staatsexamen ze maachen.

Fir d'éischt emol natierlech d'Fro, ob Der nach eng Kéier kéint erklären, wéi et zu dëser Pann komm ass.

Dann: Wéi wäert mat deenen ugefaangenen Examen ëmgaange ginn? A falls de Minister plangt, fir dës Kandidaten nach eemol an den Examen kommen ze loosse: Wéini wäerten dës Widderhuelunge stattfannen? A wäerten déi Kandidate sech dann erëm e gewëssenen Dag eraussiche kënnen oder

wäerten déi just op engem fixen Dag ugebuede ginn?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen. Den Här Minister fir d'Fonction publique, den Här Marc Hansen, huet d'Wuert.

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique.** - Här President, merci dem Här Goergen fir déi dote Fro. Déi ass ganz berechtigt. Wéi ass et zu där Pann komm? Den informatesche Staatsreseau - dass ass de Reseau, deen heescht Racine a konnectediert iwwer 370 administrativ Sitte vun dem ganzen Zentralstaat: Dat ass fir den Telefon, fir d'Internetverbindungen, de VPN fir den Teletravail, d'Kommunikationsoutillen, d'GovCloud, d'Webseite vum Staat - ass effektiv den 12. November moies um 9.15 Auer net méi gaangen.

Wéi ass et dozou komm? Ma ganz einfach duerch e mënschleche Problem dës Kéier. Et gouf nämlech ganz normal Installatiounsarbechten um Staatsreseau an dat war wirklech am zentralen Element vun deem ganze Staatsreseau. A fir dat dann och richtig ze maachen, ass dat och nach nom Véier-Ae-Prinzip gemaach ginn. Dat heescht, et ware wirklech zwee spezialiséiert Leit amgaang dorunner ze schaffen. An du kum et vun deenen zwee am Fong praktesch zesummen zu engem Manipulationsfeeler. Dat kënn nun emol leider vir. An dunn ass dee ganze Kommunikationsreseau zesummegefall.

Elo frot Der lech: Wéi ass et normalerweis, wann elo keen dorunner schafft? Dann ass natierlech alles redundant. Dat heescht: Wann anzwousch en technesch Element ewechfiert, dann ass dat direkt gedubbelt an dann iwwerhëlt dat anert. Dat konnt an dësem Fall, wou déi mattendran natierlech och nach zu zwee dorunner geschafft hunn, net geschéien. Du war de Reseau erfogefuer bis 10.06 Auer. Du vun 10.06 Auer u si Saache wéi Telefon, wéi d'Internetverbindungen, Mail-Kollaborationsoutillen erëm gaangen. Et huet awer hannendrun nach e bësse gedauert, bis aner Servicer erëm fonctionéiert hunn, well déi verschidde Configurationen sech da musse erkennen.

An Dir hutt Recht: Grad zu deem Moment waren natierlech vill Leit domadder net ganz zefridden. Déi konnten hir Aarbecht net méi weidermaachen. An et ass awer och e Staatsexame gelaf, an zwar eng A1-Sessioun. Do souze 40 Kandidaten, déi konnten dunn net méi weidermaachen. Et ass awer elo net, dass si sech hu missen eleng do allogen. Do ass natierlech och Personal ronderëm, wat se begleet, an déi kruten dunn e ganze Koup un Hëllef, wéi et konnt weidergeen.

Éischtens krute se gesot, wéi et dunn um 10.15 Auer erëm fonctionéiert huet, dass se kéinte weidermaachen. Dat heescht, vun deene 40 hunn der 22 weidergemaach. Déi, déi da vläicht keng Zäit méi hätten, kruten och proposéiert, fir direkt mëttes um 13.00 Auer nees weiderzefueren. Do kumen der och e puer erëm. 15 Kandidaten hunn dono ugeruff kritt - well déi A1-Sessiounen lafen och dëser Deeg nach weider - an déi hunn de Choix kritt, wéini se kéinten un deenen Examen deelhuele. Déi kruten de Choix zwëschen haut, muer, iwwermuer, dem 19., dem 22. oder dem 23. November. A well der awer och dobäi sinn, déi vläicht musse Congé huelen, krute se souguer d'Optioun mat derbäi fir elo den 18. owes um 17.00 Auer. Do hu mer extra ee bäigesat, fir déi Leit da kënnen do ze recuperéieren.

Vun alleguerten deene Kandidaten ware se bis de Moie praktesch all ënnerdaach. Si ware ganz zefridden. Haut de Mëttag ass nach een, dee sech zréckgemellt huet. Deen hat e Message kritt. An deen huet och eng Offer kritt: entweder an deenen Datumen, wou se konnten de Choix hunn, respektiv déi nächst A1-Sessioun. Déi ass elo erëm am Januar. Et ass ee vun de Kandidaten, deen do erëm-kënn, soudass se alleguerte konnten opgefaange ginn an den Examen maachen. Et gouf souguer eppes bäigesat, fir dass keen extra Congé muss huelen.

Dat ass natierlech och bedauerlech fir déi Kandidaten. Déi waren awer ganz verständnisvoll. An eis Servicer hunn och alles probéiert, fir deenen do entgéintzekommen, an der Hoffnung, dass dat dote sou mann wéi méiglech geschitt. Och d'Servicer vun dem CTIE hunn natierlech dono en Debriefing gemaach vun deem, wat dann do geschitt ass, fir ze kucken, ob net awer nach an der Vitess vläicht eppes ze verbessere wier, wann emol erëm eng Kéier esou eppes geschitt. Och dorunner gött geschafft. An ech hoffen och, dass dat esou mann wéi méiglech virkënn.

Ech soen awer op där anerer Säit: Do, wou Leit schaffen a gutt schaffen, kann och emol eppes schifgoen. An dowéinst ass dat dann an deem Sënn natierlech net flott, fir vill Leit awer och net esou dramatesch, well do, wou geschafft gött, falen och heiands Spéin an do kann och emol eng Kéier eppes schifgoen.

Ech soen lech Merci.





■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools dem Här Minister fir d'Fonction publique Marc Hansen.

Mir kommen elo zur schrëftlecher Fro Nummer 5221 vun der Madamm Françoise Hetto-Gaasch, vun der Madamm Octavie Modert a vum Här Léon Gloden un den Här Wirtschaftsminister an un de Wäibauminister an zur Fro Nummer 257 vun der Madamm Chantal Gary un den Här Wirtschaftsminister iwwert d'Fërderung vun de Lëtzebuurger Wäiner op der Expo 2020 zu Dubai. Madamm Octavie Modert, Dir hutt d'Wuert.

- **Question écrite n° 5221 du 12 novembre 2021 de Mme Françoise Hetto-Gaasch, de Mme Octavie Modert et de M. Léon Gloden relative à la promotion des vins luxembourgeois à l'expo « Dubaï 2020 », adressée à M. le Ministre de l'Économie et à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

- **Question n° 257 du 12 novembre 2021 de Mme Chantal Gary relative à la sélection de vins du pavillon luxembourgeois à l'Expo 2020 à Dubaï, adressée à M. le Ministre de l'Économie**

*(Interruption par Mme Josée Lorsché)*

■ **Mme Octavie Modert (CSV)**.- Maacht Dir roueg Reklamm fir de Lëtzebuurger Wäin, Madamm Lorsché. Dat wär ganz gutt, wann Der dat géift maachen, jo.

Villmools merci, Här President.

*(Brouhaha)*

Déi lescht Woch - fënnef Deeg sinn et eréischt hier - hate mer hei am héijen Haus eng Debatt iwwert d'Zukunft vum Lëtzebuurger Wäin. An da muss een deen Dag dono eng Fro stellen, firwat am Ausland op enger Plaz, wou systematesch gesot gëtt, datt et eng Plaz ass, fir Lëtzebuerg an d'Vitrinn ze stellen a fir déi Lëtzebuurger Produkter an d'Vitrinn ze stellen, dann net nëmme Lëtzebuurger Wäin am Pavillon do zu Dubai verkaaft gëtt. 60 % Lëtzebuurger Wäin gëtt do verkaaft, 40 % anere Wäin. Dat ass awer bal d'Hallschecht, wat deen anere Wäin, den net Lëtzebuurger Wäin, ubelaangt.

Mir kréie geäntwert, datt d'Regierung hätt missen aus reglementareschen an aneren Ursachen d'Bedreiw vum Pavillon erausginn un en externe Prestataire an datt se awer gesot hätt, et wär eng Bedéngung, datt dee Bedreiwler dann och misst kënnen d'Méiglechkeet hunn, fir déi gastronomesch Offer am Restaurant mat Wäiner aus anere Länner ze erweideren.

Elo ass d'Fro un d'Regierung: Firwat ass dat eng Bedéngung gewiescht? A virun allem: Firwat huet d'Regierung déi Bedéngung akzeptéiert? Firwat huet se dann net och imposéiert - wéi se aner Saachen imposéiert huet -, datt nëmme Lëtzebuurger Wäin géif an deem Pavillon verkaaft ginn? Ech verstinn dat nämlech net.

*(Interruption)*

Wann et dann e Problem vum Präis gewiescht wär, dann ass d'Fro: Firwat huet d'Regierung dann do net zousätzlech selwer e Sponsoring gemaach? Well et ass jo net, wéi wann den Ausstellungspavillon zu Dubai d'Regierung soss näischt géif kaschten. Mir hunn eng Generalkommissärin, mir hunn e Generalsekretär, mir hunn en Direkter, mir hu Personal, wat do bezuelt gëtt. Ech mengen, da wär dat hei och net weider an d'Käschte gefall niewent all deem, wat do muss bezuelt ginn.

Stëmmt et, datt déi Fläschen och net méi deier hunn däerfe si wéi 10 Euro, déi de Wënzer huet däerfen dofir froen? Dir schreift vum administrativen Opwand. Da gesitt Der jo, wéi schwierig dat insgesamt fir d'Wënzer ass, dat ze maachen. A wann ech bedenken, datt ech en Donneschdeg e ganze Koup Virschléi gemaach hat fir d'Commercialiséierung vum Lëtzebuurger Wäin, déi allegueren ofgeleent gi si ...

*(Brouhaha)*

... vun der Majoritéit a vu Gambia, da muss ech natierlech nach eng lescht Fro stellen, nämlech déi un den Här Wäibauminister, ob hien averstanen ass mat deser Virgoensaart a -weis vun der Lëtzebuurger Regierung am Pavillon zu Dubai.

Villmools merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Modert. D'Madamm Chantal Gary huet d'Wuert.

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng)**.- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, Här Wirtschaftsminister, mir haten d'lescht Woch hei an der Chamber eng Debatt iwwert de Wäibau zu Lëtzebuerg. An där Debatt gouf et e groussen iwwerparteilche Konsens driwwer, datt mer zu Lëtzebuerg Wäiner a Cremante vun exzellenter Qualitéit hunn an datt mer nach méi dofir mussen maachen, fir dës Produiten national a virun allem och international ze promovéieren.

Ech hat a menger Interventioun och betount, datt mer méi op den nohaltege Wäibau musse setzen. Ech erënneren hei och nach eemol un déi ambitiéis Ziler, déi d'Regierung sech am Bioaktiounsplang fir d'Landwirtschaft am Allgemenge ginn huet: 20 % Bio fir 2025 an 100 % bis 2050.

D'Expo zu Dubai ass en Deel vun der wirtschaftlecher Promotiounsstrategie vun der Regierung. Elo ass et awer esou, dass an der Schengen Lounge am Lëtzebuurger Pavillon zu Dubai nieft e puer Lëtzebuurger Wäiner - fënnef Stéck, fir genee ze sinn - an engem Cremant och eng ganz Rei auslännesch Wäiner a Prosecco a Schampes verkaf ginn. A Biowäiner feelen. Ech hu mer och d'Gedrénkskaart vum anere Pavillonene ugekuckt: Frankräich, Italien, Däitschland. Bei de Fransouse souwéi bei den Italieener gëtt et ausschliisslech lokal Wäiner. Am däitsche Pavillon gëtt et och e puer net däitsch Wäiner, mee net an deem Desequilibier, wéi et am Lëtzebuurger Pavillon de Fall ass.

Hei stelle sech mir folgend Froen:

Ass de Minister net der Meenung, datt et, fir eis exzellent lëtzebuergesch Wäiner a Cremanten ze promovéieren, méi sënnvoll wier, och just lëtzebuergesch Wäiner an eiem Pavillon unzebidden? Firwat gouf decidéiert, och auslännesch Wäiner unzebidden, respektiv hätt ee sech do net méi missen duerchsetze bei de Verhandlungen?

Eng zweet Fro: Firwat ginn net méi Biowäiner ugebueden, fir den nohaltege Wäibau ze fërderen an och international ze promovéieren? Wuel wëssend, datt zu Lëtzebuerg eng blann Degustatioun stattfonnt huet, wou d'Wënzer am Virfeld invitéiert waren, fir Wäiner a Cremanten eranzeschécken, hätt een hei net kënnen op de Wee goen a vun d'Fank u méi wéi just fënnef Wäiner an ee Cremant selektionéiere loosse? A wier et net och eng Iwwerleeung, d'office och zwee bis dräi Biowäiner musse mat derbäize hunn?

Drëttens: Wéi wëllt de Minister d'Promotioun vun eise lëtzebuergesche Wäiner a Cremanten an Zukunft besser an d'wirtschaftlech Promotiounsstrategie vum Ministère afléisse loosse?

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech si gespaant op d'Äntwerten. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Gary. Den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot huet d'Wuert.

■ **M. Franz Fayot, *Ministre de l'Économie***.- Här President, léif Deputéiert, merci fir déi Question-parlementairen. Ech géif gär soen, dass mer effektiv am Laf vum Moien dräi Question-parlementairen zu dësem Sujet schrëftlech beäntwert hunn, ech selwer an de Landwirtschaftsminister a Wäibauminister Romain Schneider, déi vun den CSV-Deputéierte Modert, Hetto-Gaasch a Gloden, déi vun de Piraten an och déi vun der Deputéierter Tess Burton. An d'Deputéiert Modert ass jo och schonn op eng Partie vun deenen Äntwerten agaangen, déi de Moie schrëftlech erakoumen.

D'Participatioun un enger Weltausstellung ass ëmmer eng gutt Geleeënheet, fir sech ze presentéieren als Land, mat senge Wäerter, sengen Errungenschaften, awer och mat senger Kultur, senger Kichen an och senge Wäiner.

D'Expo 2020 zu Dubai hunn ech selwer am Oktober besicht, och de Pavillon inauguréiert. Ech kann lech soen, dass mer ganz vill positiv Echoe kréien zu deem Pavillon. Et ass ee vun deenen zéng meescht besichte Pavillonen op der ganzer Expositioun. D'Leit sinn extreem zefridden an interesséiert. Ech hunn och am Oktober selwer an deem Restaurant giess. Et gouf Kniddelen, bei 30 °C, wou ech frou war, dass ech se konnt mat engem gudden kille Lëtzebuurger Wäin dann net „erofspullen“, mee awer trotzdeem degustéieren.

Zur Fro: Firwat sinn net nëmme lëtzebuergesch Wäiner op der Kaart? Abee, do gëtt et kommerziell a reglementaresch Grënn derfir. Dat sinn haapt-sächlech sanitär Grënn, déi maachen, dass mer als Lëtzebuurger GIE dee Restaurant do net selwer exploitéieren, mee dass mer déi Exploitatioun vun der Schengen Lounge engem externe Partner iwwerlooss hunn. Deen externe Partner ass de Jumeirah Group, dat sinn emiratesch Hotellen - eng Hotelschaiene aus den Emirater -, déi och dann domadder de kommerzielle Risiko droe fir de Succès oder fir den Echec vun deem Restaurant. Dee Restaurant gëtt geleet vum Stärekech Kim Kevin de Dood an Zesummenaarbecht justement mam Jumeirah Group an der Dikrecher Hotelschoul.

De Verkaf vu Lëtzebuurger Wäi war am Kader vun där Negociatioun mat Jumeirah Group eng Bedéngung, un déi sech de Group huet mussen halen, och wa se zousätzlech d'Méiglechkeet kruten, fir och aner Wäiner op hir Kaart ze huelen, wat dann hir Oplag war. Wann een esou e Kontrakt negociéiert, ass een natierlech ëmmer zu zwee: Wann deen een eppes wëllt duerchsetzen, muss en op där anerer Säit och deem anere seng Konditiounen deelweis unhuelen.

Et ass esou, dass an där Schengen Lounge systematesch Lëtzebuurger Wäiner ervirgehuewe ginn. Dat sinn och déi Wäiner, déi am beschte passen zu der Offre culinaire. Ech hunn d'Kniddele genannt, et sinn och eng ganz Rei aner Lëtzebuurger Platen, déi een am beschte mat engem Lëtzebuurger Wäin drénkt. An et weist sech och, wéi gesot, dass 60 % vun deene Wäiner, déi bis elo do verkaf gi sinn, Lëtzebuurger Wäiner a Cremante sinn, a 40 % sinn aner Wäiner.

Et ass richtig, dass Italien a Frankräich menges Wëssens déi zwee eenzeg Länner sinn, déi just eenheemesch Wäiner op hire Kaarten hunn. All déi aner Länner, déi och Wäi produzéieren, hunn och eng Offer vun anere Wäiner aus anere Länner op hirer Kaart. An ech mengen, do si mer also bei Wäitem net déi Eenzeg an deem Fall.

Wéi goufen déi Wäiner ausgesicht am Pavillon? Majo, dat ass 2016 ugaangen, wéi eis Presenz do geplangt ginn ass. Dat war vun d'Fank un d'Konzept, dass d'Lëtzebuurger Kichen an och Wäiner sollten do am Mëttelpunkt stoen. D'Generalkommissärin Maggy Nagel huet dunn dee Prozess mat Lëtzebuurger Wënzer en fait ugefaangen. Et ass e Blind Tasting gemaach ginn. Et si sechs Wäiner erausgesicht ginn a Cremanten op 106 Testprouwen. An et sinn du vun deene Wäiner am Ganzen 3.600 Fläsche bestallt a kaf ginn.

Et muss een och wëssen, dass Lëtzebuurger Wäiner bis dohinner, oder bis elo net an d'Veereenegt Emirater exportéiert gi sinn. Et ass also keen Importateur do gewiescht, deen déi Wäiner importéiert huet. A wann ee weess, dass et komplizéiert ass, fir Alkohol ze importéieren an d'Emirater - do si Surtaxë vu bis zu 400 % um Alkohol -, dann ass dat natierlech och beluecht mat enger Partie Formalitéiten op den Douannen, enger Partie administrative Formalitéiten, déi de GIE Lëtzebuerg allegueren iwwerholl huet. Dat heescht, déi Wäiner sinn direkt bei de Lëtzebuurger Produzenten akaf ginn. De GIE huet sech ëm déi komplex administrativ Formalitéite bekëmmert an och d'Käschte beim Import vu Gedrénks an lesswueren iwwerholl.

Ech mengen, et kann een also net soen, dass hei näischt gemaach ginn ass fir d'Lëtzebuurger Wënzer. Bien au contraire! Et sinn eng ganz Rei Wäiner, déi hei bestallt gi sinn an déi och elo do ugebuede ginn an engem attraktive Pavillon. A vläicht gëtt jo och domadder en neie Maart opgemaach fir eis Wäiner an den Emirater.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

*(Brouhaha)*

Mir kommen elo zur Fro Nummer 258 vun der Madamm Martine Hansen un d'Madamm Gesondheetsministesch iwwert déi gefälscht Impffertifikater. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 258 du 16 novembre 2021 de Mme Martine Hansen relative aux certificats de vaccination falsifiés, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

■ **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Merci, Här President. Et existéieren also esou fake QR-Codë vun Impfpass-Coden, déi op Fantasienimm wéi Mickey Mouse, SpongeBob oder och nach aner Nimm ausgestallt sinn. Zanter Enn Oktober sinn déi bekannt. Dat konnt een och an der auslännescher Press liesen. De Problem ass, datt eis CovidCheck-App dës Certificaten nach ëmmer als valid uweist. An deenen anere Länner ass dat awer net de Fall. Wann een déi franséisch App kuckt, da kënnst du stoen: « Ce certificat semble être utilisé frauduleusement. » Bei där däitscher kënnst dohinnerstoen, dass déi digital Signature ongültig wär. D'Italieener soen och, datt et net valid wär.

Meng Froen also un d'Madamm Gesondheetsministesch: Ass de Problem mëttlerweil och hei zu Lëtzebuerg bekannt? Wéi vill fake Impfcertificate sinn dem Ministère bekannt? Firwat ass bis haut nach net dorobber reagéiert ginn? Firwat weist eis App déi QR-Coden nach ëmmer als valid un? An anere Länner hu se et awer esou fäerdegbruecht, datt hir Appen dat net méi unerkennen. Wat gëtt gemaach, fir eis App zumindest esou sécher ze maachen, wéi se och am Ausland ass?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Hansen. D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- Merci, Här President. Eis si Fälschung selbsterständlech bekannt. Do schaffe mer drun. Net méi spéit wéi d'lescht Woch sinn der och, déi associéiert ware mam Numm „Adolf Hitler“, zirkuléiert iwwert d'Netzer, iwwert de Réseau Telegram, wou e Gruppement, dee sech „netgepickt.lu“ nennt, och Werbung derfir mécht, dass ee sech déi kann eroflueden. Dat hu mir selbsterständlech - ech weess net, wat aner Leit gemaach hunn -, mee mir hunn dat un de Parquet weiderginn, wéi sech dat gehéiert.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- Do ass och eng Instruction opgemaach ginn.

A fir de Rescht hu mir eng Rei gefälscht Coden, vun deene mer Kenntnis hunn, déi net liesbar si bei eis, déi einfach banal gefälscht sinn. Wann natierlech e Code ganz professionell gefälscht ass, da mag dat sinn, dass e liesbar ass. Soubal mir esou eppes hunn, gi mer dat weider un de Centre informatique, fir dass en déi néideg Schrëtt ënnerhëlt, respektiv un de Parquet, wann eis Fälschung bekannt sinn, wéi mer dat mat allen anere Frauden, déi eis zu Ouere kommen, op wéi enge Weeër och ëmmer, maachen. Esou Saache gi mir systematesch weider un de Parquet, dohinner, wuer dat higehéiert a wou dann, op alle Fall an deem Fall, vun deem ech lech elo geschwat hunn, och Enquëten opgemaach gi sinn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**.- Très bien!

■ **Une voix**.- D'Fro ass jo awer ...

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, der Madamm Gesondheetsministesch.

Mir kéimen dann un d'Fro Nummer 259 vum Här Claude Lamberty un den Här Sportsminister iwwert de Congé sportif. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

*(Brouhaha et interruptions par Mme Martine Hansen et M. Mars Di Bartolomeo)*

Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Claude Lamberty (DP)**.- Ech lauschtere ganz gespaant no. Et ass eng interessant Diskussioun.

*(Hilarité)*

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**.- Merci, merci.

- **Question n° 259 du 16 novembre 2021 de M. Claude Lamberty relative au congé sportif, adressée à M. le Ministre des Sports**

■ **M. Claude Lamberty (DP)**.- Här President, de Congé sportif ass säit Joerzéngten e wichtegt Element am Fonctionnement vun eise Sportsverbänn op internationalem Plang. An Zäiten, wou ëmmer méi an och nei Oplage vun den internationale Verbänn kommen, wou d'Professionaliséierung am Sportsberäich op villen Niveaue viragedriwwen gëtt a wou och ëmmer méi Wäert op eng professionell Virbereedung vun eise Sportler an op administrativem Plang vun eise Leit, awer och zum Beispill vun eisen international tätigen Arbittere verlaangt gëtt, kritt de Congé sportif net just op Verbandsniveau eng ëmmer méi wichteg an eng ëmmer méi grouss Roll ze spillen.

De Facteur Zäit ass u sech duerch näischt ze ersetzen. Wann ee sech wëllt administrativ an och sportlech esou virbereeden, wéi een dat am Joer 2021 vu Sportler a vu Verbänn, awer och vu Clibb, déi international vertruude sinn, kann a muss erwaarden, da muss een déi Zäit och kréien.

Am Juni 2020 hat de Sportsminister am Kader vum Plan de relance Sport 2.0 gesot, dass de Congé sportif géif reforméiert ginn an et kéint ee bis Enn des Joers mat engem Projet rechnen. De Minister wëllt natierlech och den Avis vum Conseil supérieur des sports, dee jo elo säit engem gudden Joer en place ass, ofwaarden. An am Oktober, dat heescht virun engem Mount, hat de Minister bei der Virstellung vun „Du bass de Veräin. Géff Benevole.“ erkläert, dass et e puer Méiglechkeete géif ginn, wéi een déi Reform kéint ugoen, zum Beispill, pro Lizenz kréich ee Stonnen u Congé sportif, déi een da misst selwer verdeelen, oder och e Modell, wou de Congé sportif un eng Positioun am Veräin oder am Verband gebonne wär.

Dofir haut konkret meng Fro un de Minister: Weess de Minister haut, a wéi eng Richtung en tendéiert ze goen oder wéi en dat wëllt ëmsetzen an, ganz besonnesch wichteg, wéini een um Terrain da mat der Ëmsetzung vun der Reform vum Congé sportif ka rechnen? An zu gudder Lescht nach vläicht d'Fro, ob den Avis vum Conseil supérieur des sports dann och schonn do ass.

Ech soe Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Lamberty. Den Här Sportsminister Dan Kersch huet d'Wuert.

■ **M. Dan Kersch, *Ministre des Sports***.- Merci, Här President. Merci och dem Här Lamberty fir déi ganz pertinent Fro, op déi d'Äntwert jo an der Sportswelt, ech mengen, dat kann ee soen, mat enger gewëssener Ongedold erwaart gëtt. Ech mengen, et ass een Deel vum Regierungsprogramm, dass de Congé sportif soll iwwerkuckt ginn an och no uewen ugepasst ginn.

Ech mengen, et ass och genau un deem Projet, wou mer amgaange sinn ze schaffen. An ech soe ganz bewusst „Projet“, well et wäert e Projet de loi ginn - also keng Proposition de loi. An deem Sënn wäert et och esou sinn, dass de Regierungsrot natierlech als Éischt wäert d'Detailer gewuer ginn. Mee eng Rei vun de Richtungen, an déi mer denken, hunn ech schonn an der Éffentlechkeet gesot. An et ass dat, wat den Här Lamberty hei och elo erëmbrecht huet.





Ech mengen, et ass ganz kloer, dass mer wëllen e Sprong no vir maachen, dass mer also de Congé sportif net nëmme wëlle reduzéieren op d'Fédération, esou wéi dat haaptsächlech ass, mee en och konkret an d'Veräinswelt wëllen elargéieren an domadder och e grouss Schrëtt maachen, fir de Benevolat an der Sportswelt ze ënnerstëtzen.

Wat den Zäitplang ugeet, kann ech soen, dass ech dat, wat ech an der Effentlechkeet gesot hunn, wëll anhalen. Ech ginn also dervun aus, dass dëse Projet de loi nach dëse Mount oder ufanks nächste Mount wäert am Regierungsrot sinn. Ech soe ganz bewusst och keen Datum, well de Premier ëmmer seet: „Et kann net sinn, dass een als Minister dee ganze Regierungsrot ënner Drock setzt.“ Mee wéi gesot, dat heiten ass en Deel vum Koalitionsprogramm, vum Regierungsprogramm, soudass ech dervun ausginn, dass mer hei kuerzfristeg kënnen e Projet de loi op den Instanzewee bréngen an domadder eppes kënnen realiséieren, wat vun der ganzer Sportswelt och erwaart gëtt.

Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Sportsminister Dan Kersch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 260 vun der Madamm Francine Closener un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend iwwert d'Auswierkung vun der Pandemie op den Absenteismus an d'Gesondheet vun den Enseignanten a vun den Educateuren. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 260 du 15 novembre 2021 de Mme Francine Closener relative aux effets de la pandémie sur le taux d'absentéisme et la santé des enseignants et éducateurs, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

■ **Mme Francine Closener (LSAP).**- Villmools merci, Här President. Déi véiert Coronawell zu Lëtzebuerg mécht natierlech och net virun de Schoulen an de Betreuungsstrukturen halt. D'Kanner, d'Enseignanten an d'Éducatrice sinn och dës Kéier beträff. A fir datt de Schoulbetrib ka weidergoen, hate mer jo virun der Sommervakanz nach eemol e Gesetz gestëmmt, fir de Pool vun de Remplaçanten ze verstärken, souwuel fir d'Grondschoul wéi och fir de Secondaire. Dat Gesetz huet et erméiglecht, 325 zousätzlech Agente fir de Fondamental an 150 Leit fir de Lycée ze rekrutéieren, déi jo bis den 31. Dezember dëst Joer sollen hëllefen, Enseignanten ze ersetzen, déi krank, am Isolement oder an der Quarantän sinn.

An deem Kontext géif ech gär Follgendes vum Minister wëssen: Wéi akut ass de Personalmankem zu dësem Moment an eise Schoulen? Wéi gutt fonctionéiert dee System mat dëse Remplaçanten? Auscheinend gi se „d'Poolien“ genannt. Si hu keng Attestation de remplacement misse virleëen. Si hunn also kee Stage misse maachen, e Premières-diplom geet duer.

Sinn d'Direktiounen zefridde mat der Qualitéit vun der geleschter Aarbecht vun deene Leit? Oder huet de Minister wëlles, d'Kontrakter mat deene Leit och iwwert den 31. Dezember eraus nees ze verlängeren? Dat géif jo dann och nees eng Gesetzesännerung mat sech bréngen.

Wéi dacks ginn, trotz dësem System, awer och nach Klassen zesummegeluecht, well einfach net genuch Personal an de Schoule present ass? An ass d'Zuel och vun den Iwwerstonne vun den Enseignanten zanter der Rentrée signifikant geklommen?

Et gëtt eng Rei Enseignanten, Här President, déi den Drock an de Stress elo während der Pandemie net méi gutt packen. De Fait, datt et wuel och extreem laang kann daueren, bis een zum Beispill Hëllef kritt, wann e Kand mat spezifesch Besoinen an engem seng Klass kënnt, dréit zu engem gewëssene Frust, zu engem gewëssenen Desespoir vum Personal an de Schoulen an och an de Maison-relais bái.

Mir schwätze vill vum Bien-être vun de Kanner. Ech denken, et ass och wichteg, datt de Bien-être vun den Enseignanten an Educateuren net vergiess gëtt. Wéi gesäit et do aus a puncto Preventioun, fir datt net nach méi Leit och an de Burnout geroden?

En Enn vun der Pandemie ass net en vue. Dofir ass et wichteg, alles ze maachen, fir datt d'Kanner an d'Enseignanten an der Schoul all Hëllef kréien, déi se brauchen, fir duerch de Wanter ze kommen a fir datt och d'Qualitéit vum Unterrecht net leit.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Closener. Den Här Educationnsminister Claude Meisch huet d'Wuert.

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och merci fir déi Fro do. Dat gëtt mer d'Geleeënheet, kuerz de Point ze maachen iwwert d'Situatioun vun der véierter Well an eise Schoulen. Déi geet effektiv net laanscht eis Schoulen, dat ass wouer.

Obscho mer jo awer relativ héich Inzidenze mëttlerweil erëm hunn an der Gesamtpopulatioun, obscho mer wëssen, datt e gudden Deel vun de Schüler sech nach net konnt impfe loossen, ass et awer esou, datt mer nach bei de Schüler, souwuel am Fondamental wéi am Secondaire, ënnert der Inzidenz leie vum leschte Joer ëm dës Zäit an datt mer am Fondamental sécherlech méi héich leien an der Inzidenz wéi am Secondaire. Datt mer am Secondaire dättelech ënnert der Inzidenz leie vum leschte Joer, erkläert sech sécherlech duerch den Effet vun den Impfungen, bei deen mer bei iwwer 70 Prozent vun de Schüler am Secondaire sinn, déi eng éischt Kéier geimpft sinn. Dat weist, datt do awer eng grouss Adhesioun zur Impfung ass an domadder och de Schoulbetrib sech vill méi wäit normaliséiert huet.

Mir hunn domadder awer och en Absenteissem, deen ënnert deem läit, wéi mer en d'lescht Joer haten ëm dës Zäit, natierlech awer méi héich nach ëmmer wéi déi Jore virdrun, aus ganz ënnerschiedleche Grënn. Mir hunn Enseignanten, déi nach ëmmer vulnerabel sinn, déi hir Aarbecht aneschtlers erfëllen, op Distanz oder an der Schoul, awer a manner enkem Kontakt mat de Schülerinnen an de Schüler.

Mir hunn nach ëmmer ganz vill Enseignanteën, déi, soubal se wëssen, datt se schwanger sinn, dann och zu deene Vulnerabele gehéieren an net méi direkt an de Klasse kënnen intervenéieren. Dat ass eng grouss Laascht, fir déi dann och direkt ze ersetzen, e groussen Challenge, dee mer awer bis elo ëmmer reusséiert hunn.

Mir hunn en dättelech manner groussen Impakt natierlech dëst Joer wéi d'lescht Joer, wat d'Quarantäne bei den Enseignanten ubelaangt. Scho bei der Rentrée ware knapps iwwer 90 % vun den Enseignanten am Fondamental an am Secondaire zweemol geimpft, soudatt déi jo alleguerten net méi a Fro kommen, fir och a Quarantän mussen ze goen an doduerjer net méi ausfalen.

Insgesamt ass dat doten eng Situatioun, déi also gerabel ass momentan. Mee natierlech muss ee kucken, wat nach weider kënnt.

Well mer musse kucken, wat nach weider kënnt, huet d'Regierung de leschte Freideg decidéiert, datt déi Remplaçanten, déi zousätzlech engagéiert goufen, fir souwuel kënnen Remplacementer ze maache bei Absencé vun Enseignanté wéi awer och zousätzlech an de Klassen ze intervenéieren, fir bei de Schülerinnen a Schüler Covidretarde kënnen opzehuelen, fir och an aneren Aktivitéite kënnen ze ënnerstëtzen, och emol eng Kéier kënnen relativ schnell agesat ginn, wann Nout um Mann ass, wann eng schwierig Situatioun sech iergendwéi an der Schoul ergëtt an e weideren Intervenant gebraucht gëtt, an net zu gudder Lescht och emol kënnen eng Hand upaken, wann et ëm d'Tester geet, déi nach ëmmer an de Schoule gemaach ginn: zwee am Fondamental, een am Secondaire. Dat ass jo och eng logistesche Aarbecht.

Alles dat maache se. An et war virgesinn, datt dat Gesetz jo sollt auslafen de leschten Dezember. D'Regierung huet mech och prinzipiell chargéiert, datt ech e Gesetzesprojet soll erabréngen, fir dat bis d'Enn vum zweeten Trimester och ze verlängeren. Domadder hätte mer déi Ressourcen.

Ech denken - dat ass awer elo keng statistesch belaauschtbar Ausso, mee dat ass den Echo, deen ech esou hunn an dem Echange mat den Direktiounen -, datt do Leit derbäi sinn, déi absolutt hir Aarbecht gemaach hunn a wierklech eng grouss Stäip waren. Bei iwwer 300 gëtt et vläicht och emol deen een oder aneren anere Fall. Do ass et ganz kloer, datt den Direkter jo net obligéiert ass. Wann e schlecht Erfarunge mat engem „Pooly“ gemaach huet, da muss en dee jo net bis d'Enn vum zweeten Trimester verlängeren. Mee de Gros dovunner ka sécherlech och eng Stäip sinn an där nach net ëmmer einfacher Situatioun, déi virun eis läit.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Educationnsminister Claude Meisch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 261 vun der Madamm Djuna Bernard un den Här Educationnsminister iwwert d'Formation continue am Beräich vun der nonformaler Educatioun. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 261 du 15 novembre 2021 de Mme Djuna Bernard relative à la formation continue dans le secteur de l'éducation non formelle, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- Merci, Här President. D'nonformal Bildung ass do, wou eis Kanner a Jugendlech ausserhalb vun der Schoul betreit, encadréiert ginn a léieren, mee dëst net am Unterrecht, mee op eng spilleresch an entdeckeresch Aart a Weis, am enke Kontakt mat anere Kanner an ënnerstëtzt duerch sozioedukatiivt Personal.

De Secteur erstreckt sech vun de Crèchen iwwert d'Maison-relais a Foyere bis zu de Servicer fir

Jonker, notamment de Jugendhaiser an de Jugendorganisationen. Mir schwätzen also vun engem immens heterogeenen, mee virun allem staark wuessende Secteur, deen eng grouss Roll an dem Eruwuessen an der perséinlecher Entwécklung vu Kanner a Jonke spillt.

Am Rapport annuel 2020 vum MENJE gëtt dättelech, wéi vill de Secteur vun der nonformaler Bildung gewuess ass: vu liicht iwwer 20.000 Plazen am Joer 2009 bis zu zirka 60.000 Plazen am Joer 2020. Et handelt sech also ëm en ëmmer méi komplexe Secteur, mat villen Ufuerderungen an awer och mat enger grousser Personalpenurie, e Secteur, wou mer entre-temps vill Schwierigkeeten hunn, fir qualifizéiert Personal ze fannen. An ëmsou méi wichteg ass et, vill Wäert op Qualitéit an op d'Weiderbildung an d'Begleitung vun Personal ze setzen.

Am 2016er Gesetz zur Jeunesse ass all Gestionaire gehalen, e Plan de formation continue fir den SEA-Beräich ze definéieren, fir d'Minicrèchen an och fir d'Servicer fir Jonker. Dëst betrëfft natierlech d'Pédagogik, mee och d'Gestioun an d'Administration, d'Sécherheet, de Kanner- a Jugendschutz an de gesetzleche Kader.

De Ministère huet d'Organisation vun der Formationssystem net iwwerschafft an opgestallt. An dozou géif ech gär den Här Educationnsminister eng ganz Rei Froe stellen.

Wat sinn d'Grondprinzipie vun dësem nei organiséierte System vun der Formation continue? Wie kann déi Formationen ubidden an no wéi enge Krittäre gi se agreéiert? A kënnen och privat Formationsorganismen hei eng Offer maachen?

Awéiwäit gouf dëse verännerte System mat de betraffenen Acteuren, souwuel den Ubidder vu Formationen wéi och de private konventionéierten Träger, kommunizéiert?

Awéiwäit ginn d'Qualitéitssécherung, d'Austauschplattformen an d'Supervisioun fir d'edukatiivt Personal an dësem neie Konzept abezunn a séchergestallt?

An zu gudder Lescht: Wien ass en charge fir sécherzestellen, datt eng breet Offer do ass, déi op déi ganz verschidde Besoine vun dësem Secteur ageet? E Service, dee Kolonië fir Jonker organiséiert, huet natierlech ganz aner Besoinen an Ufuerderunge wéi en Educateur aus enger Crèche.

Ech soen lech villmools Merci.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Bernard. Den Här Educationnsminister Claude Meisch huet d'Wuert.

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och hei e Merci, fir mer d'Geleeënheet ze ginn, ganz kuerz op déi nei Approche zur Weiderbildung am Beräich vun der nonformaler Bildung anzegoen.

Am Regierungsprogramm hu mer eis kloer derzou bekannt, datt mer d'Qualitéit generell an der nonformaler Bildung weider wëllen developpéieren. Mir haten an der leschter Legislaturperiod e Qualitéitsgesetz - d'Gesetz vun der Jeunesse -, wou ganz kloer Prinzippien definéiert waren, ënner anerem och eng obligatoresch Weiderbildung fir alleguerten d'Agenten.

Nun, hei si mer elo iwwereneekomm mat den Träger vun der nonformaler Bildung, wat konventionéiert Acteure sinn, wat Gemenge kënnen sinn, wat awer och privatrechtlech Acteure kënnen sinn, datt mer souwuel de Finazement iwwerhuelen als Staat vun engem gudden Deel vun der Weiderbildung, an doduerch awer och nach eng Kéier fir eng qualitativ Weiderbildung surgen an domadder och kucken, datt mer déi Qualitéit erreechen an der Weiderbildung, déi mer eis zesumme virstellen, an datt och all Acteur, all Educatrice, all Educateur, all Agent vun all Struktur, egal ob et e konventionéierten Träger ass, een, dee bei enger Gemeng schafft, oder een, dee bei engem privatrechtleche Partner schafft, an de Genoss dovunner ka kommen.

Mir hu fir d'Joer 2022 net manner wéi 5,7 Milliounen dofir budgetiséiert. An ech denken, datt dat en Ufank ass an datt et déi nächst Joren éischer nach wäert eropgoen.

Mir hu verschidden Acteuren haut schonn, déi an der Weiderbildung an deem Domän tätég sinn, an et wäerten och verschiddener bleiwen. Et ass also net virgesinn, datt mer do eng grouss Agence maachen, mee déi Acteuren, déi haut eng gewëssen Erfahrung, eng Kompetenz, awer och eng Capacitéit hunn, fir Formation continue an deem doten Domän kënnen unzbidden, wäerte mer als Agence de formation continue weiterféieren.

Mir wäerten awer och do Wäert drop leeën, datt net déi Agencé sech elo e feste Stack vu Formateuren zouleeën an déi rekrutéieren, mee datt se mat externe Formateuren eigentlech e ganz flexibelen an upassbare Programm erstellen, deen dann och dem Besoin vun deene jeeweilege Secteuren do

gerecht gëtt. An déi jeeweileg Formateure mussen dann och eng Accreditation dee Moment hunn.

Beim Service national de la jeunesse gëtt eng Cellule de qualité geschafen, déi eng Rei vu Missionen huet: ënner anerem, de Besoin ze analyséieren, ze kucken, wéi vill Formationen vu wat fir engem Typ fir wat fir en Zil-Public gebraucht ginn, eng Koordination och ze maachen tëschent den Agence-de-formationen, awer gläichzäiteg och Qualitéitskrittären ze definéieren an awer och ze kucken, eng Enquête de satisfaction an och de besoins kënnen ze erstellen an dohier eeben eng gewësse Gestioun vun deem ganze Secteur kënnen ze iwwerhuelen. Zäitgläich wäerte mer och nach eng zousätzlech Kommissioun mat all den Träger schafen, fir och do permanent en Austausch kënnen ze hunn.

Et ass esou, an Dir hutt et gesot: All Struktur am nonformale Bildungsberäich muss sech e Plan de formation ginn. Dee gëtt och aviséiert vun eis, vun den Agent-régionallen, déi jo eng Qualitéitskontroll maachen. Mir wäerten och deementspreechend - wat do virgesinn ass - da Formationskreditter un deen Träger ginn. An de Chargé vun där Struktur ka mat deene Formationskreditter da kucken, datt e seng Leit do matabënt an déi Formationen bei déi Leit bréngt, geméiss deem Plan de formation, wéi et eebe virgesinn ass.

Et ass esou, datt déi Formateure mussen accreditéiert ginn. Do gëtt et eng Rei vu Krittären, déi mer amgaange sinn auszeschaffen. Déi wäerte mer awer och mat de Gestionnaires zesummen auschaffen.

Wat d'Qualitéit ubelaangt, ass et virun allem den Inhalt, deen do zielt, awer och d'Methodik an och d'Form, ënnert där een eng Formation continue ubitt. Et gëtt virun allem awer hei keen Ënnerschied gemaach, ob dat elo eng Formation ass, déi een als eenzelne Formateur ubitt oder déi eng besteeënd Agence de formation ubitt oder en aneren Träger vun där Formation. Do soll also Abstraktioun dovunner gemaach ginn, fir et nach eng Kéier deenen ze erméiglechen, déi haut eigentlech och schonn aktiv an deem Domän sinn, datt déi och weiderhi kënnen do aktiv bleiwen.

Mir hu vun Ufank un - an dat zum Schluss nach, Här President -, vun Ufank un hu mer ganz enk hei mat den Träger zesummegeschafft, en enken Echange mat der FEDAS, awer och mam Syvicol gehat. Virun allem, muss ech soen, ass d'Diskussioun do ugaangen, wéi mer vun den Träger drop opmierksam gemaach gi sinn, datt eng Rei vu Forfaiten, déi mer fir de Finazement vun den Aktivitéite bezuelen, net méi duergaange sinn. An dunn hu mer gesot: Amplaz elo einfach déi Forfaiten eropzeschrauwen, kommt, mir finanzéieren eppes, wat haut um Träger senger Täsch läit, nämlech d'Formation continue, a kënnen doduerjer eigentlech och e Qualitéitssprong erméigleche fir dee ganze Secteur. Dat war d'Ambitioun. An duerfir waren d'FEDAS, de Syvicol an awer och d'ELSEA vun Ufank u matagebinnen an och rezent nach a ganz villen Echangé mat derbäi.

An d'Information ass jo och virun e puer Wochen un den Terrain gaangen. All SEA huet eng Fiche d'information kritt. Et waren och zwee Webinaren an der leschter Woch, fir breet doriwwer ze informéieren, wat déi nei Krittären an och den Zougang zu där staatlech finanzéierter Formation continue da sinn.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Educationnsminister Claude Meisch.

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 262 vum Här André Bauler un den Här Wirtschaftsminister iwwert déi global Estimatioun vun de Schied no deene rezenten Naturkatastrophen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 262 du 15 novembre 2021 de M. André Bauler relative à l'estimation globale des dégâts causés par les catastrophes naturelles récentes, adressée à M. le Ministre de l'Économie**

■ **M. André Bauler (DP).**- Merci, Här President. Mir erënnere eis: Den 9. August 2019 gouf et en Tornado am Südweste vum Land, deen zu engem riseg Schued fir déi betraffe Leit gefouert huet. D'ACA, also d'Associatioun vun den Assurancëcompagnien, huet deemools de Schued op ronn 100 Milliounen Euro beziffert. Dat war natierlech eng graff Schätzung. Haut gesi mer méi kloer an et ass wichteg ze wëssen, wéi héich den definitiven, jo, et kann ee soen, volkswirtschaftleche Schued vun dëser Naturkatastroph war.

Vläicht konnt de Statec do entre-temps Zuelematerial sammeln?

Doriwwer eraus hunn d'Iwwerschwemmunge vu Mëtt Juli dëses Jores en nach méi grouss Schued ugeriicht, well se grouss Deeler vum Land beträff hunn. Och hei wier et interessant, fir véier Méint méi spët gewuer ze ginn, wéi héich dëse Schued fir eis Volkswirtschaft ageschat gëtt. De Romain Schneider sot, datt et d'Landwirtschaft 1,65 Mil-





lioune kascht hätt. Eng bekannt Lëtzebuerger Firma am Beräich Traiteur/Pâtissier soll, „Paperjam“ no, aleng e Schued vu ronn 2,5 Milliounen gehat hunn. An d'ACA huet vun engem Gesamtschued vun op d'mannst 120 Milliounen Euro geschwat.

Dofir meng Froen un den Här Wirtschaftsminister: Ass et méiglech, gewuer ze ginn, wéi héich den definitive Schued war, deen den Tornado ugeriicht hat? Konnt de Statec déise Schued zwee Joer méi spéit genee chiffréieren?

Ass den Här Wirtschaftsminister an der Lag, fir de vollekswirtschaftleche Schued vum Summerhéich-waasser dëses Jores anzeschätzen? Verfüügt de Statec do schonn iwwer méi prezis Daten?

An zu gudder Lescht: Ass den Här Wirtschaftsminister bereet, fir eemol e Rapport iwwert de Wee vum Statec ze verëffentlechen, fir den direkten an indirekte vollekswirtschaftleche Schued, deen d'Naturkatastrophen an der rezenter Vergaangenheet ugeriicht hunn, ze quantifizéieren? Gëtt et an deem Beräich vläicht eng Cellule am Statec, déi sech spezifesch mat där do Problematik befaasst?

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Bauler. Den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot huet d'Wuert.

■ **M. Franz Fayot, *Ministre de l'Économie***.- Merci dem André Bauler fir déi pertinent Fro. Et ass effektiv esou, dass déi Naturkatastrophe sech an deene leschte Jore multipléieren an effektiv och ëmmer méi hefteg ginn, sief dat d'lwwerschwemmungen am Ärenzdall 2016, den Tornado 2019 oder elo déi schëllem lwwerschwemmungen déise Summer.

Et ass effektiv wichteg, fir sech e Bild ze maachen iwwert déi gesamtwirtschaftlech Konsequenzen, d'Schied vun deenen Naturkatastrophen, déi leider och mam Klimawandel net manner wäerte ginn, a sech do och e kontabele Kader ze ginn.

Et ass esou, dass et effektiv hei natierlech Schued gëtt un den Aktiven, net nëmme vun de Stéit, mee och vun de Betriber, déi ënnert deene Katastrophen do leiden. Et ass esou, dass de SEC 2010, den europäesche kontabele Kader fir national Konten, effektiv och esou eng Positioun virgesäit. E chiffréierte Gesamtschued vun Naturkatastrophen, dat kann een uginna verbuchen. Dat ass allerdéngs eppes, wat à l'heure actuelle fakultativ ass. Dat heescht, dat muss net all Land maachen. A fir de Moment ass et esou, dass de Statec dat bei eis nach net kontabiliséiert.

Mir hunn also fir de Moment do keng Linn an eisem Tablo vun nationale Konten, fir den ekonomeschen Impakt vun Naturkatastrophen ze berechnen. Ech huelen awer elo och d'Geleeënheet hei op, fir dat do matzehuelen an och mam Statec ze diskutéieren, ob et net effektiv opportun wär a wat de Käschtpunkt ass, fir dat doten anzeféieren an eis national Kontabilitéit, well ech effektiv mengen, dass et wichteg ass, dass mer an Zukunft déi Saachen do kënnen kontabiliséieren, dass mer se kënnen berechnen an och chiffréieren. Mee wéi gesot, dat ass eng Saach vu Ressourcen. Dat musse mer kucken, wat dat kascht a wéi schnell een dat dann och aféiere kann.

De beschten Indicateur, dee mer fir de Moment hunn, sinn d'Zifferen - an Dir hutt der eng Partie genannt - aus verschiddene Secteuren an aus dem Assurancësecteur. En aneren Indicateur sinn natierlech déi Hëllef, déi mer ausbezuelt hunn un d'Stéit, déi gelidden hunn ënnert deenen Naturkatastrophen, awer och un d'Betriber, dat an de Classe-moyennes an der Haaptsaach, awer och am Familljeministère. Ech kann lech de Chiffer elo net ginn. Ech proposéieren, dass ech lech deen dann norechen.

An ech mengen, dat ass een Indicateur. Mir sinn eis awer alleguer bewosst, dass dat net dat ganz Bild ass. De Manque à gagner, d'Perte en chiffre d'affaires ass doranner natierlech net berechent. Mir wëssen, dass deen och natierlech considerabel ass. An och aus deem Grond, mengen ech, wär et gutt, wa mer eis an Zukunft géifen d'Outils ginn, fir déi Saachen do méi genee ze chiffréieren.

Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Här Wirtschaftsminister.

An da kéime mer zur Fro Nummer 263 vum Här Dan Biancalana un den Här Wirtschaftsminister iwwert déi rezent Evolutioun vun der Industrieproduktioun hei zu Lëtzebuerg. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 263 du 16 novembre 2021 de M. Dan Biancalana relative à l'évolution récente de la production industrielle au Luxembourg, adressée à M. le Ministre de l'Économie**

■ **M. Dan Biancalana (*LSAP*)**.- Merci, Här President. D'Industrie am europäesche Bannemaart ass ënnerschiddlechen Erausforderungen ausgesetzt, déi ënner sech an enger Wiesselbeziehung stinn. D'Penurien u verschiddene Materialie wéi Holz, Plastik, Pabeier a Biens intermédiaires, déi sougenannt Semi-conducteurs, féieren zu Enkpäss an de

Liwverkett. Gläichzäiteg ass d'Demande vun de Stéit, vun de Menagen, opgrond vun enger Épargne forcée, déi sech accumuliert, staark ugezunn.

Esou verwonnert et net, dass déi grouss international Häfe saturéiert sinn a grouss Containerschëffer carrement an der Schlaang stinn, fir kënnen ofgelueden ze ginn. Déi industriell Produktioun an der Eurozon ass fir den zweete Mount hannereenen zrëckgaangen, dat esou engem Rapport och vum Eurostat no. An den Automobillsecteur ass staark dovu beträff, notamment an Däitschland an a Frankräich.

Zu Lëtzebuerg ass déi industriell Produktioun am drëten Trimester 2020 erëm staark ugezunn, mee de Summer dëst Joer huet se dem Statec no eng licht Tendenz no ënnen uegoholl. Ech wëllt dofir hei vun dem Wirtschaftsminister wëssen, wéi déi rezent Evolutioun vun der industrieller Produktioun hei zu Lëtzebuerg sech presentéieren, dat déi éischt Fro. A wéi staark impaktéieren d'Penurie u Materialien an d'Enkpäss um Niveau vun de Liwwerketten, an der Supply chain, d'Lëtzebuerger Industrie?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Biancalana. An d'Wuert huet nach eng Kéier den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

■ **M. Franz Fayot, *Ministre de l'Économie***.- Merci. Merci och un den Dan Biancalana fir déi gutt Fro, déi mer jo och schonn d'Geleeënheet haten, hei an der Chamber an der Vergaangenheet ze diskutéieren. Et ass effektiv esou, dass eng vun de Lektionen aus dëser Pandemie déi ass, dass an eiser globaliséierter Economie d'Liwwerketten ausenangerappt goufen, dass et Enkpäss gëtt, dass am Transport extreem héich Präisser fir de Moment gefuer ginn. An dat huet natierlech Effeten an och Inzidenzen op eis industriell Produktioun.

Wat fir en Impakt huet dat elo prezis op déi Lëtzebuerger Economie an och insbesonnesch op eis Industrie? De Statec suivéiert ganz genau, Mount fir Mount, déi industriell Produktioun heizuland. An do gesäit ee ganz kloer, dass d'Demande fir ze produzéiere staark geklommen ass. Mëtt lescht Joer hunn nach bal 70 % vun den Industrië geklot, si hätten net genuch Demande fir ze produzéieren. Dat ass haut op 30 % erofgaangen, a mat Tendenz falend.

Et ass also esou, dass och bei eis, wéi e bëssen iwwerall op der Welt, d'Produktioun erëm unzitt, dass d'Carte-de-commande sech erëm ganz staark fëllen. Dat gesäit een och, wann ee bei d'Industriebetriber geet. Do kritt een dat iwwerall gesot.

De leschten Donnéeën no hunn haut an der Moyenne d'Lëtzebuerger Industriebetriber 4,5 Méint Produktioun geschéert. Dat ass esou vill wéi säit dem Joer 2000 net méi. Den Taux vun industriellen Entreprises allerdénks zu Lëtzebuerg, déi soen, si hätten net genuch Material, fir kënnen ze produzéieren, geet och staark an d'Luucht: vun ongeféier 5 % virun der Pandemie, fir elo am zweeten Trimester 2021, den aktuellsten Donnéeën vum Statec no, bei bal 20 % ze leien. An och déi Tendenz geet weider no uewen. Dat confirméiert also den Trend, deen een international gesäit, och hei zu Lëtzebuerg.

Insgesamt gesi mer, an dat ass positiv, datt de Chiffere vum Statec no d'Situatioun sech awer par rapport zum leschte Joer verbessert huet. Et si bal 10 % méi produzéiert ginn. A wat produzéiert ginn ass, konnt och méi deier verkaaft ginn, en Ënnerschied vu ronn 20 %. Dat huet awer natierlech och domat ze dinn, dass d'Matière-première méi deier gi sinn an dass déi Präisser dann natierlech och repercutéiert ginn op d'Vente.

An der Lëtzebuerger Industrie gëtt et Differenzen zwëschent deene verschiddene Secteuren. Ech hat d'lescht Woch eng Entrevue mat der Branche vun den Autozouliwwer, der ILEA, an dat ass e Secteur, deen ech reegelméisseg gesinn, deen natierlech eng Branche vertritt, déi am Wandel ass: Mir wëssen alleguer, dass d'Automobillindustrie sech staark amgang ass ze modifizéieren: Dieselautoe gi ganz staark erof, et gëtt ëmmer méi Elektromobilitéit gebaut an och verkaft. An also ass et wichteg, fir sech hei reegelméisseg e Bild ze maachen. Et ass kloer, dass, wann x Prozent manner Autoen ausgeliiwert ginn, wéi dat jo fir de Moment de Fall ass weinst de Semi-conducteuren, awer net nëmme, dass dann och d'Lëtzebuerger Zouliwwer x Prozent manner Stécker produzéieren an och liwweren. A mir wëssen, dass eis Autozouliwwer a bal allen europäeschen Autosmarke Stécker hunn. Dat ass e Secteur, deen also do ganz seriö beträff ass.

Ech hat och leschten Dënschdeg eng Entrevue mat Vertrieder vun der Fédération des artisans, och besonnesch wat d'Situatioun vu Garagisten a Concessionnaires ueget. Do ass et esou, dass dëst Joer 20 % manner Autoen zu Lëtzebuerg ausgeliiwert gi wéi 2019, also virun der Pandemie. Also och do eng seriö Incidence.

Et sinn och aner Secteure beträff, wéi zum Beispill d'Konstruktioun. Fir dësen Entreprises temporär ze

hëllefen, wësst Der, dass de Konjunkturrot dem Regierungsrot proposéiert huet, dëse Firmen exzeptionell och fir déi zweet Hallschent Mee a Juni de Chômage partiel opzemaachen, ënner verschiddene Konditiounen.

Et ass elo fir de Moment schwéier, eng Previsioun ze maachen, wéi laang dat Phänömen do nach unhält, souwuel um internationale wéi och um nationale Plang. Déi meescht international Analyste ginn am Moment awer dovun aus, dass hei d'Problemer temporär sinn a sech déi Enkpäss do 2022 wäerte resorbéieren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

## 6. Motion de Mme Martine Hansen concernant l'offre d'une nouvelle injection dite de « booster » et le lancement d'une campagne de sensibilisation et d'information relative à la vaccination

(*Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 145 de ce compte rendu*)

Et ass de Wonsch, datt mer elo iwwert déi Motioun vun der Madamm Martine Hansen iwwer eng Boosterimpfung ofstëmmen. Wie wëll zu dëser Motioun Stellung huelen? D'Madamm Gesondheetsministesch, wannechgelift.

### Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- Merci, Här President. Erlaabt mer, nach eng Kéier kuerz Stellung ze huelen. Ech hat et virun tangéiert en marge vun enger vun de Froen, déi mer gestallt ginn ass. Et ass eng Motioun, déi eis oprëfft, eng Boosterimpfung jiddwerengem iwwer zwielef Joer hei am Land unzibidden, dat heescht, deen eligibel ass fir geimpft ze ginn. Ech hu virdu gesot, datt mer zu dësem Zäitpunkt à la lettre dat suivéieren, wat eis vun den Experten empfue ginn ass. Et ass recommandéiert fir eeler Leit. A mir hunn ons och engagéiert, dat hu mer och ëffentlech annoncéiert, dass mer ganz zäitno, net méi spéit wéi dës Woch, am Regierungsrot wäerten evaluéieren, ob et vertrieubar ass, eng Boosterimpfung jiddwerengem unzibidden ab zwielef Joer.

Fir mech ass dat net eng reng politesch Decisioun. Ech si mer dem gesellschaftspoliteschen Drock bewosst, well et ganz vill gefuerdert gëtt. Mir hu probéiert, déi ganz Kris iwwer och dem Drock Stand ze halen an alles an d'Balance ze geheien. An hei wäerte mer och mat der Direktioun zesummen evaluéieren, ob dat vertrieubar ass vun engem gesondheetleche Standpunkt. Mir schwätzen hei net vu Kamellen, déi ee sech kafe geet, wann ee Loscht drop huet. Et ass eng Impfung. An ech wëll gär d'Gewëssheet hunn, dass och vun engem sanitäre Point de vue näischt dergéint schwätzt, esou eng Offer en place ze setze scho fir Leit ab zwielef, dat heescht fir jiddwereen, deen eligibel ass.

Mir sinn eis dem Enjeu bewosst, dem Drock bewosst, an dofir hu mer dat och um Ordre du jour. Allerdénks wäert ech mech haut net festleeën, ob mer dat wäerte maachen oder net. Mir wäerten do en Avis och froe vun eiser Direktioun, fir do Gewëssheet ze hunn, dass näischt dergéint wäert schwätzen.

Wann dat de Fall ass, si mer sécherlech oppen, fir et ze maachen. Mee eng reng politesch Decisioun wäerte mer net draus maachen. Mir wäerten dat diskutéieren, „le pour et le contre“ ofweien. An eeben zäitno, dëse Freideg, hu mer dat um Ordre du jour a mir wäerten eng Decisioun huelen.

Deen zweete Punkt vun der Motioun geet ëm d'Impfzentren. Do, muss ech éierlech soen, sinn ech och e bëssen erstaunt, dass dat gefuerdert gëtt, well et u sech den A an den O vun eiser Impfcampagne ass. Mir si mat der Logistik u sech ëmmer op der Schinn gefuer, dass mer en cas de besoin déi Impfzenteren opmaache respektiv zoumaachen. Mir hunn all Woch e Comité de pilotage, deen evaluéiert en fonction vun der Demande, vun Invitatiounen, déi rausginn, wat Sënn mécht a wat net. An deem Sënn sinn och am Moment d'Impfzenteren op. A mir sinn eigentlech déi ganzen Zäit beméit, dat esou ze maachen, wéi et gefrot ass an der Motioun. En cas de besoin ginn déi op-respektiv zougemaach, soudass dat fir eis elo näischt Neies ass. Et ass esou, wéi mer fonctionéiere ronderëm d'Impfzenteren. Dat evaluéiere mer wierklech Woch fir Woch, wat Sënn mécht, wat net. Déi Impfzentere si jo och ganz ..., dat ass e groussen Enjeu financier, och Ressource-humain, déi do am Asaz sinn. An dofir evaluéiere mer dat ëmmer relativ genau an zäitno en fonction vun deem, wat ufällt.

Dat Drëtt dann och, mam Appell, mir sollen eng Sensibilisationcampagne maachen, do géif ech och gären drop hiweisen, dass mer déi lafen hunn. Mir sinn an der véierter Impfcampagne amgaangen. Mir hunn eng ganz Rei Impfcampagnë lafen. Et ass zu kengem Zäitpunkt envisagéiert gewiescht, déi zrëckzeschrauwen. Au contraire. Mir hunn och do

annoncéiert, dass mer un enger nächster schaffen, déi gepusht wäert ginn. Dat ass u sech lafend Aarbecht bei eis. D'Impfcampagnë lafe vun Ufank un, si gestaffelt, evoluéieren. An och do si mer natierlech amgaangen, fir den Hierscht, mat der Saison, déi usteet, a mam Drock, deen ass, un enger nächster Push-Campagne ze schaffen, déi sech wäert enchainéieren zu där, déi am Moment um Lafen ass.

Dat wäert fléissend goen, soudass u sech keng nei Saache sinn. An deen éischte Volet, wéi gesot, dat wäerte mer decidéieren an awer nolauschteren, wat derfir an dergéint schwätzt. Mir wäerten et net einfach esou an d'Blaunt era maachen.

Ech géif lech Merci soen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci der Gesondheetsministesch. Dann huet den Här Mars Di Bartolomeo d'Wuert. Oder d'Madamm Martine ...?

■ **Mme Martine Hansen (*CSV*), *auteure***.- Nee, nee.

### Discussion générale

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- Merci, Här President. Eis ass déi Motioun, wat d'Soustrichtung ueget, sympathesch. Dat ëmsou méi, well jo och d'Regierung an déi dote Richtung wëllt eragoen.

Ech wollt just eng Rei vu Modifikatiounen proposéieren. Wann d'Madamm Hansen déi géif akzeptéieren, da kéinte mir mat an déi dote Richtung goen. Ech géif proposéieren: « invite le Gouvernement à offrir après avis conforme des experts, une nouvelle injection » an esou weider. A bei deem leschten Tirit: « à adapter en fonction des décisions à la campagne de sensibilisation et d'information relative à la vaccination. »

Wann d'Madamm Hansen mat deenen Adaptatiounen d'accord wär, géife mer dat matdroen, well et mer schéngt, dass et an deem heite Fall wichteg ass, dass mer als Chamber d'Regierung an deenen Efforten ënnerstëtzen. Dat ëmsou méi, well d'Regierung e Freideg wäert eng ganz Rei vun Decisiounen huelen. Ech wär an deem Sënn der Madamm Hansen an der CSV dankbar, wa mer kéinten hei zesummen e Signal ginn, dass mer hannerun der Regierung stinn, wa se déi doten Decisiounen opgrond vun Expertenavisen hält an déi Efforte weidermécht, déi jo och, dat geet aus der Motioun eraus, vun den Auteurs ënnerstëtzt gëtt.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Di Bartolomeo. An da ginn ech d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (*CSV*), *auteure***.- Merci, Här President. Ech hunn u sech e bëssen e Problem, well eis Fuerderung baséiert op der Wëssenschaft an op Aussoe vun den Experten. An ech denken, datt d'Experten zu Lëtzebuerg warscheinlech näischt aneschtlers soe wéi d'Experten aus dem Ausland.

Ech wëll awer, datt et virueget, an dofir kann ech dann domadder averstane sinn, awer zumindest da wannechgelift draschreien: „dans un délai rapproché“ vun deenen Avisen, well ech fannen, ech fanne wierklech perséinlech, datt deen Avis scho längst hätt misse do sinn. An deenen Zäiten, an deene mer sinn, wou eisen Impftaux extreem niddreg ass, kann et net sinn, datt mir ëmmer erëm zögeren. Well wa mir zögeren oder d'Regierung zögert, dann zögeren och d'Leit, an dofir misst et séier goen!

(*Brouhaha*)

Dofir muss a mengen Aen oder an eisen Aen de Message kloer sinn: D'Boosterimpfung ass wichteg fir jiddwereen!

Mee wéi gesot, mir si kompromëssfähig an hätte gär, datt et virueget. Also akzeptéieren ech déi do Propos, fir dat mat derbäizeschreien. An d'ADR hat och gefrot, fir eng „injection volontaire“ dranzeschreien. Dat hat ech och gesot gehat, mat eise Verb „offrir“ hat ech geduecht, wär dat „volontaire“. Mee d'Prezisioun vun „injection volontaire“ géif ech dann och mat derbäisetzen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Hansen. Dann huet d'Madamm Ministesch d'Wuert gefrot. An duerno den Här Kartheiser.

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- Jo, merci. Ech wier natierlech ganz dankbar, wann ech kéint wëssen, op wéi eng Experten Der lech berufft, well mir hunn hei am Land eisen offizielle Gremium, deen och vun der Chamber virgesinn ass am Gesetz. De Conseil supérieur des maladies infectieuses huet sech rezent ausgeschwat an dat dote just recommandéiert eebe fir Eelerer. Dofir wär et ganz léif, wann Der mer kéint déi doten Informatioun ginn, op wéi eng Experten Der lech berufft. Ech huelen dat natierlech ganz gäre mat an de Regierungsrot. All Informatioun an deem Sënn ass wëllkomm.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci der Madamm Ministesch fir déi Prezisioun. D'Madamm Hansen direkt nach eng Kéier.





■ **Mme Martine Hansen** (CSV), *auteure*.- Ech wëll just soen, datt genau dat hei e schlechte Message ass. Elo seet d'Regierung: „Dat hei ass gutt fir déi eeler Leit.“ Ech mengen, datt d'Leit sech alleguer missten impfe loossen.

(*Brouhaha*)

Am Ausland - Dir frot, wéi eng Experten -, am Ausland lauschteren d'Regierungen och op Experten, do hunn d'Wëssenschaftler gesot: „D'Boosterimpfung ass wichteg fir jiddwereen, well den Impfschutz léisst no, am Prinzip no sechs Méint.“ A wann et fir d'Gesondheet vum Gesondheetspersonal gutt ass - an Onofhängegkeet vum Alter, dat heescht, egal wéi al se sinn, soe mer dem Gesondheetspersonal: „Impft lech!“ -, wann et also fir déi gutt ass, dann ass et fir jiddweree gutt, onofhängeg vum Alter. Dat heescht, et ass einfach wichteg. Den Impfschutz léisst no. Also musse mer eis impfe loossen nach eng kéier.

(*Interruption*)

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Ech froe jo just Prezisiounen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Hansen. Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo. Villmools merci, Här President. Ech wéilt fir d'éischt der CSV Merci soen, datt se d'Initiativ geholl huet, fir hei déi Motioun ze tabléieren. Ech mengen, mir sinn och fir Impfungen, dat ass ganz kloer. Allerdéngs wëlle mer betounen: ëmmer fir d'Fräiwëllegkeet! An ech sinn och dofir der Madamm Hansen dankbar, datt se dee Begrëff explizitt matophëlt. „Offrir“ ass e bësse sou e Wuert ... Jo, mir sinn eis och eens, datt déi Impfung solle gratis sinn, awer ech mengen, et ass och heiandsdo nëtzlech ze rappeléieren, datt och déi net geimpft Leit, deenen heiandsdo reprochéiert gëtt, si wären net solidaresch, déi Impfung matbezuelen. Och dat sollt eng kéier hei vläicht ënnerstrach ginn.

An deem selwechte Kontext wëll ech och soen, datt eng Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagne vun der Regierung fir Impfungen u sech eng ganz gutt Saach ass. Awer ech mengen, hei musse mer oppassen op de gesellschaftspolitesche Klima, an eng Sensibiliséierungs- an Informatiounscampagne iwwer Impfungen därf eppes net sinn: eng Diskreditéierungs- oder eng Diskriminéierungscampagne géint déi Leit, déi eppes anescht fir sech decidéieren. Mir hunn nach ëmmer hei am Land de Prinzip vun der Fräiwëllegkeet vun den Impfungen. Mir insistéieren dorobber! An de Fräiwëllegkeetscharakter vun den Impfung bedéngt e géigesäitege Respekt: Respekt géintiwuer deene Leit, déi déi Decisioun fir sech huelen, sech impfen ze loossen, Respekt och géintiwuer deene Leit, déi fir sech déi Decisioun huelen, dat net ze maachen. Wa mer dat alleguer als Grondlinn vun eisem Verhalen adoptéieren, mengen ech, hu mer wierklech e Progrès gemaach am Zesummeliewe vun eis alleguer.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- Jo, villmools merci fir d'Wuert, Här President. Also ech mengen, mir als déi Lénk, mir sinn déi Eenzeg heibannen, déi säit dem Ufank vun der Pandemie en internationale Bléck op déi Pandemie geheien a soen ...

(*Protestations*)

Nee, mir sinn déi Eenzeg, déi vun Ufank u gesot hunn: „Mir mussen d'Brevete suspendéieren.“

(*Brouhaha et interruptions diverses*)

Mir brauchen en internationalen Accès zum Impfstoff. Mir hunn et vun Ufank u gesot. A mir waren déi Eenzeg heibannen, déi gesot hunn: „Mir brauchen eng weltwäit Léisung an net eng national Léisung.“ Dofir droe mir dat heiten net mat, well mer der Meenung sinn, dass mer en universellen Accès brauchen. A wéi de Generaldirekter vun der OMS et nach gesot huet, soll et keng drëtt, also keng Boosterimpfung gi fir net vulnerabel Leit, dat soll suspendéiert ginn, soulaang net weltwäit jiddereen och Accès huet zu deem Impfstoff! Mir si weltwäit do dran, mir wäerte weltwäit entweeder do erauskommen oder net erauskommen.

(*Interruption*)

Dofir ass et ganz wichteg, dass dat heiten net de Fall ass. Mir sinn derfir, dass déi vulnerabel Leit natierlech sollen eng Boosterimpfung kréien. Dat ass eng Evidenz! An dat geschitt jo och effektiv. Mee et soll net fir déi Netvulnerabel geschéien. Do soll emol jiddweree weltwäit kënnen Accès hunn, a virun allem och déi vulnerabel Leit weltwäit sollen Accès hunn, well déi si geneesou vill wäert wéi mir och!

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Oberweis. Dann nach eng kéier den Här Mars Di Bartolomeo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Merci, Här President. Bon, ech mengen, dass dee Begrëff „offrir“ ganz kloer ass. Dat ass ubidden, dat heescht net „gratis schenken“. Ubidden heescht: Et mécht een d'Ugebuert un d'Leit a si si fräi, et unzehuelen oder net unzehuelen. An dat geet och da selbstverständlech esou weider, wéi dat bis elo de Fall war. Déi Impfung ass net op d'Käschte vun de Leit, mee déi gëtt de Leit zur Verfügung gestallt, déi se wëllen.

Mir sinn och net der Meenung, dass mer nach eng kéier mussen ënnersträichen, dass dat zäitno geschitt. Wann ech d'Madamm Minister richteg verstanen hunn, ass den Datum souwisou scho festgeloecht, wéini d'Regierung wëllt weider Schrëtt an déi dote Richtung maachen. An dat ass virgesinn am Regierungsrout vun deem nächste Freideg, sou-dass ech mengen, dass do d'Wuert awer duergeet, dass d'Madamm ...

(*Interruption*)

Jo, voilà!

(*Brouhaha*)

Ass dat geschenkt?

■ **Mme Martine Hansen** (CSV), *auteure*.- Mir si kompromëssfäeg, jo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Merci villmools. Ech soen dofir och nach eng kéier extra Merci, dass mer an esou wichtige Froe wéi där heiter keng Grief ausgruewen, mee zesummen ...

(*Brouhaha*)

... dat ugin. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Di Bartolomeo. An da wëllt den Här Fernand Kartheiser nach d'Wuert froen.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ganz, ganz kuerz, Här President. Ech wëll just soen, datt dat Wuert „offrir“ awer och heescht, datt all Steuerzueler hei am Land contribuéiert! Et si Steiersuen, a mir sollen dat net vergiessen! Also, et ass net e Geschenk un d'Leit, d'Leit bezuelen dat alleguer hei am Land. An dat wollt ech just ënnersträichen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat ass e Motif ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, da kënnen mer ...

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- ... de santé publique, Här President. An duerfir sinn d'Steiersuen och do.

■ **Une voix**.- Jo.

■ **Une autre voix**.- Genau.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci fir déi Prezisioun, Här Roth.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, da kënnen mer elo zum Vott vun dëser Motioun kommen, sou wéi den Här Mars Di Bartolomeo se modifizéiert huet.

*Motion modifiée*

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que la vaccination contre le Covid-19 reste à ce jour le moyen le plus efficace pour freiner la propagation de variants et pour protéger contre les formes graves de la maladie ;*

- *sachant que de nombreux pays, dont le Luxembourg, connaissent actuellement une résurgence des infections au Sars-CoV-2 ;*

- *notant qu'une majorité des experts et des études préconisent l'administration d'une troisième - ou le cas échéant d'une deuxième - dose de vaccin pour limiter les évolutions graves liées à l'infection au Covid-19 ;*

- *saluant ainsi l'annonce du Gouvernement de l'extension de la dose dite de « booster » pour les 65 ans et plus ainsi que pour les personnes travaillant dans le secteur de la santé et des soins,*

*invite le Gouvernement*

- *à offrir, après avis conforme des experts, une nouvelle injection volontaire de rappel dite de « booster » à toute la population éligible à la vaccination pour renforcer le système immunitaire des vaccins ;*

- *à ouvrir, en cas de besoin, tous les centres de vaccination afin de pouvoir administrer la dose de « booster » le plus rapidement possible ;*

- *à adapter en fonction de ces décisions la campagne de sensibilisation et d'information relative à la vaccination.*

(s.) *Martine Hansen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Gilles Roth, Claude Wiseler.*

*Vote sur la motion modifiée*

De Vott fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 58 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : la motion modifiée est adoptée par 58 voix pour et 2 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## 7. Question élargie n° 111 de M. Paul Galles au sujet du Traité de la charte sur l'énergie

Mir kommen elo zur erweideter Fro Nummer 111 vum Här Paul Galles iwwert d'Energiecharta. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen. An der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Paul Galles** (CSV).- Merci villmools, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, Här Energieminister, ech wollt eng Fro stellen zu deem sougenannten „Energiecharta-Vertrag“ (ECT). Et ass e Vertrag, deen héchstwahrscheinlech net immens bekannt ass, mee dee ganz relevant ka ginn. Et ass e Vertrag, deen a leschter Zäit ëfters an der Diskussioun war. Et ass e Vertrag, deen eigentlech deemools, wann een et geschichtlech wëllt anuerdnen, no dem Zesummebroch vun der Sowjetunioun verabschit ginn ass, nämlech fir all déi Nofollgestaate vun der Sowjetunioun an all déi osteuropäesch Staaten, déi dunn an en anere System eriwiergaange sinn, an de globalen Energiemarché matanzubannen. Et ass e Vertrag, deen eigentlech neutral ass, dat heescht, e mécht, souwäit ech dat verstinn, elo keng Wäertung vun de verschiddenen Energieformen.

An dee Vertrag riskéiert am Moment, géint sech selwer gedréit ze ginn, an e riskéiert, d'Transitioun op déi erneierbar Energien, déi mer eis jo alleguer wënschen, ze bremsen, auszebremmen, vläicht souguer e Problem fir déi Transitioun ze ginn.

Wourëms et geet ass, dass d'Entreprises d'Recht hunn, géint Staaten ze kloen, also och géint EU-Staaten, déi Member si vun deem Vertrag, well se opgrond vun der Transitioun hin zu den erneierbaren Energië kéinten als Entreprisé Verloschter maachen, déi mat där Transitioun zesummenhänken. A si kéinten dann déi Staate verkloen op Schuedenersatz. Et ass iwwregens scho geschitt. An Däitschland gëtt et eng Klo vu Vattenfall, an Holland gëtt et eng vun RWE, an et gëtt och nach aner Fäll.

De Problem ass, dass dëse Mechanismus, fir dee Vertrag an Udsproch ze huelen, fir esou Kloen ze maachen, eeben net nëmme kéint derzou féieren, dass d'Klimatransitioun an domat och d'Klimarechtegkeet ausgebremst ginn, well d'Staaten natierlech da méi virsiichteg ginn an hire Mesuren, well se Angscht kéinten hu viru méiglechem Schuedenersatz. Mee et féiert och derzou, dass deen eigentlech ursprénglech anescht geduechte Vertrag géint sech selwer gebraucht a mëssbraucht gëtt an dann op eemol net méi funktionéiert, dass en eigentlech net méi Entreprisé schützt op Marchéen oder a Länner, wou d'Justiz net esou gutt funktionéiert, mee dass se dee Vertrag dann eigentlech ëmwende géint déi Staaten.

Wat och nach derbäikënn, dat ass, dass déi Verträge beziéungsweis déi Kloen dann net viru Gerichter, wéi mir se kennen, verhandelt ginn, mee viru Schidsgerichter vun der Weltbank zu New York, wou keen Appell méiglech ass a wou och d'Urteel selwer net transparent ass a wou een net ganz genau weess, wou ee mat de Saachen drun ass.

Ausserdeem, an dat muss een och nach bedenken, geet et hannen um Enn ëm enorm héich Zommen. Et gëtt Schätzungen, déi si vun Investigate Europe, deem Konsortium, wou Reporter.lu derzougehéiert, ugestallt ginn, dass dee ganze Marché, de Wäert vun der Infrastruktur, déi ënnert den ECT fält, also alles, wat Kuel, Gas, Ueleg a Pipelines an esou weider ugeet, 350 Milliarden Euro kéint wäert sinn. Einfach just, fir eis eng Gréisstenuerdnung ze ginn, bis zu wat fir engen Zommen dat kéint goen.

Déi Konsequenz ass natierlech kloer, dass et kee Wonner ass, dass et eng ganz Rei Länner gëtt, déi Verännerungen un deem Vertrag wëllen, an dass et souguer eng Rei Länner gëtt, déi aus dem Vertrag erausklamme wëllen. A souguer Italien ass am Joer 2016 schonn erausgeklommen, huet awer d'Erfahrung gemaach, dass dat net grad esou einfach ass, well et eng „sunset clause“ gëtt vun 20 Joer, dat heescht, et ass een 20 Joer laang nach u seng Verpflichtunge vun deem Vertrag gebonnen.

Et gëtt awer elo nach en neie Moment. Nämlech am September 2021 gouf et en Urteel vum EuGH, wat seet, dass déi ECT-Verfahren intra-EU eigentlech onwierksam sinn. Dat ass e relativ komplext Bild an ech wëll duerfir dem Här Energieminister e puer Froe stellen:

Nämlech déi Fro, wat dat do elo grad fir eis, fir Lëtzebuerg, bedeit.

Déi Fro: Wéi ass déi Erklärung, dat Urteel vum EuGH, fir Lëtzebuerg ze verstoen an ze interpretéieren, an iwwerhaupt och fir eis Partnerstaaten aus der EU?

Déi Fro awer och un de Minister: Gëtt et scho Kloe géint Lëtzebuerg, also direkt Kloe géint de Lëtzebuerger Staat? Gëtt et vläicht awer och aner Kloen, déi iwwert den indirekte Wee, iwwert d'Finanzplaz, vun aneren, vun Entreprises oder vu Fongen, gemaach goufen an déi doduerch iergendwéi Lëtzebuerg indirekt implizéieren?

Déi Fro awer och vun der Reform vum Sekretariat vum ECT. Wat nämlech an der leschter Zäit eng kéier an de Medie war, ass, dass eng Whistleblowerin erausgaangen ass a gesot huet, dass et onméiglech Zoustänn an deem Sekretariat géif ginn. A wann ech dat richteg verstanen hunn, da war et duerchaus e Bestriewe vu Lëtzebuerg, fir dat Sekretariat ze reforméieren an och d'Kompetenzen ze besetzen an eng nei Opstellung vun deem Sekretariat vum ECT ze fuerderen.

An natierlech dann déi zentral Fro un den Här Minister: Soll Lëtzebuerg aus deem Vertrag erausklammen? Soll Lëtzebuerg drableiwen? Wat ass strateegesch besser? A woufir? Oder huet sech dat alles vläicht nom Urteel vum EuGH elo souwisou erleedegt?

Ech soen lech villmools Merci fir d'Äntwerten.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Galles. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Energieminister Claude Turmes.

■ **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie*.- Här President, léif Deputéiert, effektiv handelt et sech beim Energiecharta-Traité ëm en internationalen Traité, deen 1994 gegrënnt ginn ass sengerzäit. D'Sowjetunioun brécht zesummen an et gëtt probéiert, en Traité ze maachen, fir - historesch gesinn - an deene Länner fossill Energien ze exploitéieren. Dat heescht, do hues europäesch Konzerne, japanesch Konzerne, déi et deelweis méi einfach solle gemaach kréien, fir an deene Länner ze investéieren.

Et si 57 Länner (veuillez lire: 53 Länner) Signataire, dovunner déi 27 europäesch Länner. Dann awer och Norwegen, England, also UK, d'Schwäiz. An dann op där anerer Säit huet ee Länner wéi Aserbaidschan, Kasachstan an esou weider.

Wou ass de fundamentale Problem a firwat gëtt elo an dësen Deeg oder an dëse Jore méi doriwwer diskutéiert? Dat hei ass eigentlech en Traité, deen Investitiounen a Kuel, a Pétrol an och a Gas schützt. A mir hunn zesumme geschafft mat enger Rei Experten, och mat ONGen, an et ass relativ evident: Dat, wat mer musse maache weinst dem Klimaschutz, gëtt zum Deel ënnerwandert duerch deen heiten Traité, well nämlech dann Investitiounen a Pétrol, a Kuel an a Gas iwwer Joren a Joren, iwwer Joerzénngen, geschützt sinn. A mir wëssen, dass Klimaschutz just méiglech ass, wa mer erausklammen aus de fossillen Energien.

Duerfir hu mir als Lëtzebuerg, mat enger Rei anere Länner, iwwert déi lescht zwee Joer ganz vill Drock gemaach, fir dass deen Traité soll geännert ginn, an zwar fundamental geännert ginn: dass de Schutz vu fossillen Investitiounen soll erauskommen aus deem Traité.

Mir hunn dann och Ufank 2020 endlech eng Verhandlungspositioun kritt vun der Europäescher Unioun, dat heescht, déi 27 europäesch Länner hunn der Europäescher Kommissioun, déi an eisem Numm an deem Traité d'Verhandlung feiert, e Mandat ginn. An dat Mandat, dat seet ganz kloer:



All nei Investitiounen a fossill Energjé sinn net méi geschützt. An déi fossill Energien, an déi investéiert ginn ass, ginn nach héchstens während zéng Joer ënnerstëtzt. Dat ass d'Verhandlungspositioun vun der Europäescher Unioun. An elo geet et drëm, fir an deem Traité eeben déi aner Signataire dovunner ze iwwerzeegen.

Déi Verhandlungen, déi lafen. Déi nächst Verhandlungsronn ass den 13. Dezember. A mir ginn dervun aus, dass se iergendwann Mëtt nächst Joer kënnen ofgeschloss ginn.

An Tëschenzäit ass, nieft eeben deene Verhandlung selwer, um internationalen Niveau an Europa eng Decisioun geholl gi vum Europäesche Gerichtshaff. An zwar huet Ufank September op eng Fro hin, déi d'belsch Regierung un den Europäesche Gerichtshaff gestallt huet, den Europäesche Gerichtshaff Follgendes decidéiert: Europäesch Länner kënnen ënnerenee sech net méi attackéieren ënnert dësem Traité, mee müssen einfach respektéieren, dass mir eng Staatgemeinschaft si vu 27 an dass mer aner Méiglechkeeten hunn, wa mer eis emol net eens sinn. Dat heescht, Intra-EU-Arbitragen, wéi een dat nennt, Schidsgerichtsurteeler, sinn net méi méiglech säit September. An dat, mengen ech, ass elo eng relevant nei Informatioun, well dat nämlech derzou féiert, dass e gudden Deel vun den Urteeler, déi bis elo eigentlech geschwat gi sinn, an deem Traité net méi kommen.

Dat betrëfft Lëtzebuerg och an där Hisiicht. Dir musst verstoen: Lëtzebuerg ass eng grouss Investmentfongezplaz. A mir hate ganz vill Investitiounen, déi a Solarenergie gemaach gi sinn. Zum Beispiill a Spuenien hat eng Virgängerregierung eng Kéier déi ganz Aspeisepräisser vun den Erneierbare ganz abrupt gestoppt. An do sinn eng Rei Fongen, déi iwwer Lëtzebuerg dann do geklot hunn. Déi Kloe sinn elo net méi méiglech. Dat ass eeben eppes, wat een elo muss wëssen, wann een iwwert den Traité schwätzt.

Dann ass déi Fro, déi net einfach ze verstoen ass: Italien ass 2015 aus deem Traité erausgeklommen. Allerdéngs ass Italien och mëttlerweil op d'mannst a véier Fäll weiderhin op Milliouneschued verlot vu Firmaen, déi soen: „Ech wollt do virun der italieenescher Küst bueren an Dir hutt mer déi Geneemegung erëm ewechgeholl“, oder, wat weess ech, aner Sträitpunkten. An dat weist ganz kloer: Erausklammen, ouni dass déi „sunset clause“ net méi am Vertrag ass, heescht: Da klammen ech aus dem Vertrag, an awer kann ech nach ëmmer beklot ginn. An duerfir ass eng vun den Haaptstoussrichtungen, wou mir och mat anere Länner drop drécken, dass mer an der Moderniséierung vum Vertrag, nieft deem, dass mer de Fossill-Energie-Schutz beendegen, wat wichteg ass weinst dem Klimaschutz, et eeben och méiglech maachen, dass déi „sunset clause“ net méi gëllt. An dat ass eigentlech duer, wuer mer probéieren, déi international Verhandlungen elo hinze kréien.

vläicht einfach zum Schluss: Dat hei sinn immens wichteg Verhandlungen, well et eigentlech ëm dat geet, wou d'lescht Woch zu Glasgow op der Klimakonferenz eigentlech elo Konsens war: Mir wëllen a mir müssen alleguer op der ganzer Welt erausklammen aus der fossiller Energie!

Dat ass een internationalen Traité. Deen Traité steet vu sech aus net iwwert dem Energiecharta-Traité. Déi stinn niewenteneen. An déi sinn elo quasi a Kollisioun. An duerfir musse mer elo och alles maachen, fir dass den Energiecharta-Traité esou geännert gëtt, dass fossill Energien do net méi geschützt sinn. An dorunner si mer amgang ze schaffen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Turmes. Ech ginn d'Wuert un den Här Galles fir eng Zousazfro.

■ **M. Paul Galles (CSV)**.- Jo. Merci villmools fir déi ganz interessant Äntwerten, déi mer och hëllefen, déi Saachen da méi kloer ze gesinn. Wat ech elo just nach wollt nofroen: Also, ech verstinn da richtig, dass Lëtzebuerg elo guer keen Interessé drun huet erauszeklappen, mee mir wëllen do verhandelen, dass dee Vertrag elo iwwerschafft gëtt an dass e gutt gëtt?

Ech hu mer nach déi Fro gestallt mam Sekretariat, well ech hat dat eng Kéier als Informatioun opgegraff, dass eebe gesot ginn ass, dass d'Struktur selwer vum ECT-Sekretariat och schwiereg wär. Ech weess net, ob Der dozou eppes kënn soen, ob et do Bestriewunge gëtt, fir also eigentlech d'Institioun vu bannen ze reforméieren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Galles. An d'Wuert geet zréck un den Här Energieminister.

■ **M. Claude Turmes, *Ministre de l'Énergie***.- Also, et ass esou: Bei internationalen Organisatiounen, wann een do den Androck huet, dass eppes schifleeft, da kann een e sougenannten internationalen Audit maachen. Da ginn Experte vu fënnf Länner genannt, déi dann am Detail den Uschëllegungen,

déi do sinn, noginn. An esou en internationalen Audit ass gemaach gi fir d'Energiecharta. An et ass effektiv och festgestallt ginn, dass de Generalsekretär, also d'Generalsekretariat eng Rei Manktumen huet. An et ass och esou, dass d'Mandat vum aktuelle Generalsekretär net verlängert ginn ass, an dat deelweis och opgrond vun deem Audit, dee gemaach ginn ass. Do huet och - dat, wat Dir virdru gesot hutt - eng Whistleblowerin intern eis eigentlech gehollef ze verstoen, wat do an deem Sekretariat net funktionéiert huet. Doropshin ass eeben dunn den Audit gemaach ginn. An doropshin ass dunn d'Mandat vun deem aktuelle Generalsekretär net verlängert ginn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Här Energieminister.

## 8. Question élargie n° 120 de M. Charles Margue au sujet de la politique d'investissement du Fonds de compensation

Da komme mer elo zur erweiderter Fro Nummer 120 vum Här Charles Margue iwwert d'Investitiounspolitik vum Kompensationsfong. Här Charles Margue, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Charles Margue (*déi gréng*)**.- Merci, Här President. Här Minister Schneider, ech mengen, mer féieren d'Diskussioun, déi elo tëscht dem Paul Galles an dem Claude Turmes gefouert ass ginn, iergendwéi weider. Mir bleiwen an der Aktualitéit am Kontext vun der COP26 zu Glasgow. Et gouf nach ni esou e grouss gesellschaftleche Konsens, dass mer am Klimaschutz handele mussen. Déi Jonk gi reegelméisseg op d'Strooss, ëmmer méi Länner engagéiere sech, klimaneutral ze sinn, ëmmer méi Biergerinnen a Bierger setze sech op lokalem Plang an.

De 26. Oktober huet den hollännesche Pensiounsfong ABP ugekënnegt, net méi an d'fossill Energien ze investéieren. Dat ass dee gréisste Pensiounsfong an Holland. E puer Deeg virdrun hunn dräi Pensiounsfonge vun der Stad New York ugekënnegt, hir Investissementer bis 2040 karbonneutral ze gestalten an hir Investissementer an déi erneierbar Energien ze verduebelen.

Finanzflëss a Richtung klimafrëndlech Investitiounen ëmlenken ass weesentlech, fir d'Klimatransitioun ze finanzéieren. Grouss Fonge kënnen eppes bewierken an och eng Virbildfunktoun hunn. Dofir klamme grouss Pensiounsfongen an anere Länner ganz aus de fossillen Energien eraus.

Ass den FDC, de Fonds de compensation, eise Pensiounsfong, an deem Sënn virbildlech? Net wierkelech. De Lëtzebuergesche Pensiounsfong ass net en ligne mat den Ziler vum Paräisser Klimaaccord. Aus dem Rapport d'investisseur responsable 2020 wësse mer, dass d'Investitiounen vum Fong op enger Trajectoire vun zwee bis dräi Grad plus sinn, net vun annerhallwem.

D'Analys vu Greenpeace weist, dass d'Investitiounen a „carbon majors“ erfogaange si vun 2019 op 2020. Mee d'Investitiounen an d'Kuel sinn eropgaangen. Dobäi ass d'Kuel, wéi mer et elo wëssen, op d'mannst zënter leschestem Weekend, déi klimaschiedlechst fossill Energiequell. An de Fong investéiert och weider an Atomkraaft.

Ech erënneren drun, dass mer virun engem Joer ongeféier, am Dezember, hei an der Chamber eng Motioun gestëmmt hunn, an där d'Regierung opgefuerdert gouf, d'Investitiounsstrategie vum Pensiounsfong an och vum Zukunftsfong méi nohaltege opzestellen.

Meng prezis Froen: An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro sot de Sozialminister, dass d'Revue vun der Strategie d'investissement 2023 fir fënnf Joer a Kraaft trëtt. Vu d'Urgence vun der Klimakris, ass dat net eng ze laang Echeance? Wéi wëllt de Minister derfir suergen, dass den FDC séier konform mat de Klimaziler gëtt?

All dräi Joer soll gekuckt ginn, ob d'Investitiounen vum FDC konform si mat de Klimaziler vum Paräisser Accord. Déi nächst Evaluatioun wier also 2024. Wëllt de Minister eventuell op de Wee goen, d'Konformitéit mat de Klimaziler méi oft wéi nëmmen all dräi Joer ze evaluéieren, fir dann och méi séier ze reagéieren, falls d'Trajectoire net agehale gëtt?

De Koalitionsaccord gesäit vir, dass gepréift gëtt, ob eng Ännerung vum legale Kader vum Fong soll virgeholl ginn, fir d'Investissementer méi nohaltege opzestellen. Wat ass d'Resultat vun der Analys, ob de legale Kader vum Fong muss ugepasst ginn oder net, fir nohaltege Investissementer ze féirderen?

Véier vun den aktiv gemanagete Kompartimenter vum Fong hunn am Moment guer keng nohaltege ESG-Krittären. Hei ginn dräi Mandater um Enn vun dësem Joer awer erneiert. D'Appels d'offres goufen den 1. Oktober lancéiert. Am Text vun den Appels d'offres schéngt et awer, wéi wa just beim passiv gemanagete Fong d'Konformitéit mat de Klimaziler e Krittär wär. Bei den dräi aktive Kompartimenter

geet just vu „sustainability criteria“ rieds. Kann de Minister des Divergenz erklären? Firwat gouf am Appel d'offres net och bei den dräi aktiv geréierte Kompartimenter d'Konformitéit mat de Klimaziler als Krittär geholl? Misst dese Krittär net bei all neier Ausschreiwung virgesi ginn, fir de Fong insgesamt nohaltege opzestellen? A misst een net och d'Ponderatioun, déi vun 10 % op 20 % eropgaangen ass, vläicht nach e Krack unhiewen?

D'lescht Woch hutt Der eis an der Kommissiounssëtzung gesot, dass d'Reserv vum Fong vun elo 26 Milliarde bis 2025 op 23 Milliarde (veuillez lire: op 30 Milliarde) klamme wäert viraussiichtlech. Wier dat dann net d'Geleeënheet, des Sue separat ze investéieren, fir dass de Fong senger Virbildfunktoun kéint gerecht ginn am Sënn vum Paräisser Accord? Do wäert dach näischt dergéint schwätzen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Margue. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Sozialminister Romain Schneider.

■ **M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale***.- Här President, Här Margue, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, iwwert de Fonds de compensation hu mer scho méi dacks diskutéiert, virun allem an der Kommissioun ëmmer erëm. Et sinn och eng Rei Question-parlementairen erakomm. Et ass richtig, dass selbstverständlech an de Suite vun der COP26 zu Glasgow och dat en Thema ass, well do natierlech jo och virun allem den Ausstieg aus der Kuel, mee generell och déi ganz Nohaltegeet respektiv déi eenzel Ziler nach eng Kéier ugeschwat ginn.

Fir unzefänke wëll ech vläicht awer eng Kéier soen, dass jo och dese Fong virun allem opgebaut gouf opgrond vun de Reserven, déi aus der Pensiounskeess entstamen. An Dir hutt zu Recht drop higewisen, dass ech an der Cofibu (ndlr: Commission des Finances et du Budget) zesumme mat der Commission TESS (ndlr: Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale) vun der Sécurité sociale eng Kéier de Bilan gemaach hunn, wou mer da sti mat deenen eenzelne Reserven. An déi Zuele muss een och eng Kéier nennen. An déi Zuele sinn, dass mer effektiv de Moment ongeféier eng 23 Milliarden (veuillez lire: eng 26 Milliarden) Euro Reserv an eise Pensiounen hunn, fir d'Pensiounen ze bezuelen. Dat heescht, dass mer kënnen fënnf Joer Pensioone bezuelen, ouni iergendeen Euro Cotisatioun opzehiewen, an dass dat histeiert op dat, wat den Här Margue zitéiert huet: bis 2025 bis op 30 Milliarden.

Et muss een also soen, dass de System, deen deemools opgebaut gi war, fir mat de Reserven an de Fong ze investéieren, eng Chance fir eis war, well soss stéinge mer net esou do. An da géife mer, fir eis Pensiounen ze bezuelen, eis warscheinlech aner Froe stellen. Dat also, ze kucken, fir engersäits eng Perennisatioun an de System ze kréien an op där anerer Säit eng Diversifikatioun ze kréie vun deenen eenzelne Placementer, ass dat, wat gelongen ass.

Et ass awer och richtig, an do ginn ech lech Recht, an da kommen ech op déi zweet Etapp, dass natierlech och d'Zäit virugaangen ass an dass och de Lëtzebuerg Pensiounsfong ..., deen ech awer ganz gären hei als ee vun deene beschtergeréierten zitéieren! Hollännescher ... Et gëtt dacks den norwegesche Fong presentéiert hei, deen, wat ech awer wëll soen, exklusiv jo bal gespeist gëtt aus dem Budget vum norwegesche Staatsfong!

A wou kommen déi Suen dann hier? Kommen déi vläicht all aus der Mëllechindustrie hier? Ech gleewe kaum, well d'Landwirtschaft ass wéineg verbreet an Norwegen. Mee virun allem d'Pétrolsindustrie ass awer massiv verbreet. An ech ginn awer gären dervun aus, dass 60 % bis 70 % vun de Recetten eeben an de Fong kommen. Dann ass et natierlech einfach, herno alles ze excuséieren, wat an deem dote Beräich leeft.

Mee de Lëtzebuerg Fong huet sech esou opgestallt, dass en engersäits sech eng Rei Krittäre ginn huet, mee virun allem awer och, an ech mengen, Dir konnt dat noliesen an deem flotte Rapport d'investisseur responsable, dee mer gemaach hunn, war eent vun den Uleissen - wat mer gemaach hunn opgrond vun der Motioun, déi d'lescht Joer gestëmmt ginn ass - fir ze kucken: Wéi kënnen mer eise Fong nach méi sozial, wéi kënnen mer en nach méi ëmweltfrëndlech, wéi kënnen mer en nach méi an d'Richtung vun Nohaltegeet orientéieren?

An ech mengen, do ass e Rapport komm, dee ganz kloer weist, an Dir hutt ee vun de Voleten zitéiert, deen ech iwwregens och mat den ONGen an och mat Greenpeace diskutéiert hunn, fir eng Kéier auserneezeleeën: Wat ass da lo geschitt? A mir gesinn do, dass mer wierkelech mat der Trajectoire, op där mer amgang sinn, effektiv de Moment nach bei 2 °C leien. Mir leien net bei deenen 1,5 °C, déi ugestrief sinn. Mee ech muss awer och soen, dass dat d'Situatioun vun 2019 ass. Wa mer dann 2020 an 2021 derbärechnen - 195 Milliounen, déi nach eng Kéier supplementar derbäikoumen -, da komme mer där Saach well erëm méi no.

An doriwwer eraus, mengen ech, si mer virun allem - an dat ass eng Äntwert op d'Froen, déi Der hannendru gestallt hutt - awer markant and virugaangen, an den 1. Oktober 2021 huet de Fong nei Soumissions publiques lancéiert, fir Gestionnaires de portefeuille ze fannen. Engersäits an den Obligatiounen bei enger Approche durable, dat vun 850 Milliounen Euro, zwee Mandater. Zweetens, Aktiounen, do hu mer effektiv och Portefeuilles d'actions lancéiert, Appels d'offres, dat vun 1 Milliard Euro pro Mandat, och hei zwee Mandater. Doriwwer eraus hu mer och gekuckt, Aktiounen am Marché émergent, och an enger Approche durable, ze lancéieren, dat nach eng Kéier mat 600 Milliounen Euro. An doniewent hu mer virun allem och gekuckt, Aktiounen lancéiert ze kréien, déi alignéiert sinn op d'Accords de Paris, wat Der och selwer zitéiert hutt, fir also ze kucken, fir eeben déi Ziler ze erreechen. An och dat sinn nach eng Kéier 500 Milliounen Euro derbäi.

Wann ech dat eng Kéier zesummerechnen ... A virun allem hänke jo nach eng Rei Obligatiounen vun de Gestionnaire vum deene Portefeuillen drun, déi net nëmmen ugehale ginn, effektiv déi Approche ze hunn, mee virun allem ze kucken, och d'Preuve ze maachen, dass se dat realiséieren. Also net nëmmen en Engagement ze schreiwen, mee et gëtt effektiv och kontrolléiert, dass des Approche eng global nohaltege ass. Et muss ee soen, dass mer hei op eng Zomm kommen - an dat ass effektiv en Deel vun deem, wat mer de Moment gutt an eise Reserven hu vu 26 Milliarden -, dass si 4,3 Milliarden Euro, déi also de Lëtzebuerg Pensiounsfong elo ab dem éischte Semester 2022 méi wäert an eng Nohaltegeetsstrategie erabréngen!

Dat ass déi Strategie, déi Der ugeschwat hutt, déi och mat de Sozialpartner ausgeschafft gouf, esou wéi dat jo och am Koalitionsaccord steet: dass et soll do duerchdiskutéiert ginn, fir effektiv de Fong méi nohaltege opzestellen. Also, 4,3 Milliarden, déi supplementar derbäikommen! Dat sinn ëmmerhin 18 % vun den Investissementer vun der Sicav vum Fong. Dat ass schonn enorm, wat do, mengen ech, nei ab dem éischten Trimester wäert lancéiert ginn.

Derniewent wäerte mer d'Trajectoire, wat d'Intensité carbone ugeet, järelech kucken, mir wäerten déi also schonn ab 2022 kucken. Wat och eng vun Äre Froen ass: Ass dat net ze laang? Ech sinn och der Meinung, dass dat ze laang ass. Dofir gëtt déi jo op järelecher Basis gekuckt, fir dann och en noe Suivi ze hunn an dann effektiv och nach eng Kéier ze re-adjustéieren, wann et muss sinn. An derniewent, mengen ech, muss een natierlech och alkéiers déi Portefeuillen analyséiere par rapport zum Accord vu Paräis.

Doniewent ass vläicht awer och ze soen, dass niewent deenen Engagementer, déi mer gemaach hunn, mir eis och zesummegedoen hu mam Finanzministère a mam Ëmweltministère, déi de Lead och do hunn, an der Luxembourg Sustainable Finance Initiative, déi eeben och genau dat doten analyséiert: Wéi kréie mer an eis zwee Fongen, déi mer hunn, engersäits de Fong vum Finanzministère, dem Staat säi Fong, an da virun allem de Pensiounsfong, eebe genau déi Nohaltegeet do nach méi dran? Och do, mengen ech, wäerte mer an deenen nächste Méint nach eng Kéier konkret Iddien als dräi Ministeren zesumme fannen, fir Lëtzebuerg an och eis Fongen esou opzestellen. Och dass ass eppes, wat en linge ass och virun allem zur Motioun, déi am Februar 2020 hei presentéiert gouf.

A wann ech eng Kéier de Regierungsprogramm kucken, deen Der zitéiert hutt, mengen ech, ass et genau dat, wat eigentlech och hei steet. Et steet genau dran, dass mer engersäits kucken, d'Perennisatioun vum System ze garantéieren, dass mer kucken, eng Diversifikatioun eriwwerzebréngen, an dass mer doniewent probéieren, déi Approche vun engem „investissement responsable aux niveaux social et environnemental“ ze féirderen. Dass mer dat maachen! An déi bescht Preuve ass déi, dass mer eeben elo 4,3 Milliarden Euro nei dran investéieren.

Ech menge schonn, dass mer um richtege Wee hei sinn. A mir hunn och gefrot, dass effektiv de CA vum Fong eis en Avis schreift, wat eng Ännerung géif betreffen, wat d'Legislatioun betrëfft. Dësen Avis sinn ech amgang ze analyséieren an ech wäert en deemnächst och eng Kéier dem Regierungsrot presentéiere fir ze kucken, ob een op déi Schrëtt muss goen, ob effektiv dat, wat elo och an deem ganze Rapport erauskoum, net déi néideg Äntwerten drop gouf, fir dass mer hei op deem richtege Wee ënnerwee sinn.

Merci fir d'Nofro. A mir bleiwe selbstverständlech am Austausch, fir och transparent ze weisen, wéi eise Lëtzebuerg Pensiounsfong fonctionéiert. Merci bien.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!





■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Här Sozialminister Romain Schneider.

## 9. Question élargie n° 114 de M. André Bauler au sujet de l'évolution de l'économie digitale durant la crise sanitaire

Da kéime mer elo zur erweiterter Fro Nummer 114 vum Här André Bauler iwwert d'Entwécklung vun der digitaler Wirtschaft während der sanitärer Kris. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. André Bauler (DP)**.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir liewen am Zäitalter vun der Digitaliséierung. Ëmmer méi Firms musse sech de Gesetzer vum numeeresche Wandel ënnerwerfen. Maache se dat net, riskéiere se, d'Pedallen ze verléieren. Si gi manner performant, manner attraktiv, manner kompetitiv.

Enn September 2019 hat den Étienne Schneider, de fréiere Wirtschaftsminister, de Luxembourg Digital Innovation Hub ageweit. Et ass dëst d'numeerescht Innovationsportal oder den numeereschen Innovationspol, deem d'Missioun huet, divers Firmen aktiv am digitale Beräich ze begleeten, virun allem also, wann et ëm d'Integratioun vun den numeereschen Technologieën geet.

Enn Oktober hutt Dir, Här Wirtschaftsminister, am „Paperjam“ en Interview ginn, wou Der ganz pertinent gesot hutt, ech zitieren lech: « La transformation digitale est l'affaire de toutes les entreprises, y compris les petites et moyennes entreprises, car elle impacte l'entreprise à tous les niveaux, que ce soit dans son organisation, dans la production ou encore en relation avec les clients. Elle s'inscrit comme un élément indispensable dans la stratégie de chaque entreprise, petite ou grande. » Enn vum Zitat.

Iwwert dës Feststellung eraus gëtt et awer och ëmmer méi Betriber, déi exklusiv Déngschtleeschter am digitale Beräich sinn an déi also digital Produiten ubidden. Dat geet vun de bekannten Datenzentren iwwer Internetagentur bis hin zu Mobile-Marketing-Firmen. Dës Betriber diversifizéieren eis national Wirtschaft a schafen Aarbechtsplazen an eng Valeur ajoutée, e Méiwäert, deem an der Economie u Gewicht gewinnt.

Et schéngt mer awer wichteg ze sinn, virun allem mat Bléck op d'Pandemie, besser ze kucken, wéi sech dës Betriber vun der digitaler Wirtschaft entwéckelt hunn a wéi grouss hiert Wuesstumspotenzial heizuland ass. Dofir wollt ech dem Här Wirtschaftsminister folgend Froe stellen:

Wou ass de Sektor vun der digitaler Wirtschaft de Moment drun? Wat fir Aktivitéiten maachen de Profil vun deem Sektor aus? Wat sinn dat also fir Firmen? Wéi vill Datenzentren zielt d'Land de Moment? Wat fir Servicer ginn do ugebueden?

Wéi vill Leit schaffen am Sektor? Wat fir beruflech Profiler gi gesicht? Gëtt et de Moment och hei Enkpäss, Enkpäss beim Personal? Wéi steet et ëm d'Promotioun vu Lëtzebuerg als Standuert fir digital Betriber? Wéi kënnen mer also och hei méi attraktiv ginn?

Wat fir Auswierkungen hat dann d'Pandemie op den digitale Sektor? Koun et zu enger spierbarer Croissance vun hierer Wäertschöpfung? Konnten duerch déi sanitär Kris nei Creneauen opgemaach oder bestoender entwéckelt ginn?

Wat si generell d'Perspektive vum betroffene Sektor? Gëtt et vun dëser Firma prezis Fuerderungen a puncto Infrastruktur, a puncto Plaz an Aktivitéitszonen an a puncto Weiterbildung?

An zum Schluss kann ee froen: Ass et virgesinn, fir an Zukunft reegelrecht digital Aktivitéitszonen ze schaffen?

Dat gesot, soen ech lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Bauler. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

■ **M. Franz Fayot, *Ministre de l'Économie***.- Merci dem Deputéierte Bauler. Hien ass ee vun de Grënn, firwat ech haut e Festival de questions hei hunn an der Chamber. Mee et si lauter gutt Froen a pertinent Froen, dofir äntwerten ech natierlech och ganz gären drop.

En huet Recht natierlech, dass d'Digitalisatioun eppes ass, wat während der Pandemie e Push krut, wat wierklech weiderkonn ass. Et ass e Beräich, deem transversal ass, deem d'ganz Economie betrëfft, deem och all d'Betriber, all d'Secteur betrëfft, souwuel kleng Entreprisë wéi och industriell Entreprises. An all Betrib, wou Der haut higitt, hutt Der eng Digitalisatioun, vu ganz weéne bis ganz vill, Industrie 4.0, ganz vill Roboter, ganz vill artificieell Intelligenz op Plazen, wierklech eng Produktioun, déi héich technologesch ass. Dat ass e Phänomeen, deem een iwwerall begéint.

An et ass eng vun deenen zwou Transformatiounen vum eiser Economie: Dat ass déi gréng Transitioun

vun enger méi nohalteger Economie, mee et ass natierlech och déi digital. An déi zwou ginn Hand an Hand. An dofir ass et net iwwerraschend, dass een déi zwou Saachen och ëmmer méi staark erëmfënnt op allen Niveauen.

Et ass natierlech schwéier, an Dir hutt do ganz Recht, et ass schwéier ze kategoriséieren, wat wierklech reng digital Betriber sinn. Et gëtt Betriber am Digitalen, déi queesch duerch all Secteur ginn, mee déi awer ganz schwéier als reng ICT-Entreprise ze kategoriséiere sinn. Bei allen Entreprises, Startuppen, PMEen an esou weider, Finanz-, Kreativ-Industrie, Space fannt Der haut Digitalisatioun. An iwwerall do spillen déi digital Technologien eng Roll, ouni dass dat elo reng Daten- oder ICT-Entreprisë sinn.

De Statec seet eis awer fir den ICT-Sektor, an och dat ganz kloer, dass deem 2020, am Joer vun der Pandemie, wierklech d'Economie eropgehuewen huet. Dat heescht, ganz vill vun deene Secteuren, déi gelappt hunn, sinn am Fong opgefaange ginn duerch déi staark Performance am ICT-Sektor, souwuel, wat déi generéiert Valeur ajoutée ugeet - do hu mer e Plus vun 11 % par rapport zum Virjoer -, wéi och den Emploi an deem Sektor.

Alles dat huet natierlech ze di mat Teletravail, mat E-Commerce, mat Digitalisatioun an alle Beräicher vun der Economie, déi, wéi gesot, mat der Pandemie wierklech e Push krut. Mir soen heiansdo am Wirtschaftsministère, dass d'Digitalisatioun ëm véier Joer acceleréiert ginn ass, u sech e Fast Forward mat der Pandemie. Och dat ass natierlech an deem Fall dann eng positiv Begleeterscheinung vun dëser Pandemie.

2020 war dat e Sektor, deem 20.500 Leit beschäftegt huet. Dat ass e Plus vun 2,5 % vum Emploi an deem Sektor. Et gesäit een och, dass op déi lescht zéng Joer järelech do eng Croissance vu plus 4,2 % fir d'Valeur ajoutée war an 3,5 % fir den Emploi. Dat ass also en extreem dynamesche Sektor, een, dee sech staark entwéckelt, dee sech iwwert déi lescht Jore staark entwéckelt huet an deem och nach weider sech ganz staark entwéckelt.

Dat huet natierlech en direkten Impakt op den Emploi. Dat ass jo eng vun deene Froen, déi Der gestallt hutt. Et gëtt eng ganz staark Demande fir ICT-Profiler. Dat ass natierlech en Defi zu Lëtzebuerg wéi och am Rescht vun Europa. Mir wëssen, dass et net genuch d'Profiler gëtt, also musse mer der méi forméieren. Mir mussen déi Filière méi attraktiv maache fir eis Jugendlech. Mee mir mussen natierlech och Talenter aus dem Ausland unzéien an deem Beräich.

Och do ass et natierlech e Phänomeen, dass et do ganz vill Teletravail gëtt, dass insbesonnesch am Coding, an der Programmatioun, ganz vill Leit à distance schaffen. Dat ass eppes, wat een am FinTech gesäit, mee awer och an aneren Entreprises, Startuppen. Do ass et am Fong egal, ob d'Leit zu Lëtzebuerg setzen, an der Ukrain oder soss iergendzwousch an der Welt, wou se dann hir Programmatioun kënnen maachen.

Eng Eurostat-Studie seet, dass an der EU d'Unzuel vun de Leit, déi als ICT-Spezialisten ugestallt sinn, am Zäitraum 2011 bis 2020 ëm 50 % an d'Luucht gaangen ass. Dat ass bal néngmol méi wéi d'Hausse vum Emploi en général, déi bei 5,5 % louch. Enger Schätzung no bräicht d'Europäesch Unioen bis 2030 20 Milliounen ICT-Experten, zemoools Kompetenzen a Cybersecurity, Cloud, Datenanalys an och Dategestioun, mee awer och an allem, wat High-Performance-Computing ass.

Eurostat seet eis och, dass Lëtzebuerg europawäit op der véierter Plaz ass, wat de Prozentsaz vun IT-Experten an der aktiver Bevëlkerung ugeet. Den Thierry Breton huet dat och nach eng kéier gëschter ënnerstrach, wéi en hei zu Lëtzebuerg war. Mir si ganz virbäi bei deenen digitale Kompetenzen an och an dem Training, dee mer deene Leit ginn, dat heescht, an der Formation continue, déi mer an dem Beräich vun den ICT-Skills ginn.

Mir sinn natierlech do weltwäit an och europäesch an enger Konkurrenz. Mir sinn an engem vun deenen Indexen, am Global Talent Competitiveness Index, op aachter Plaz, wat d'digital Kompetenzen ugeet. Ganz wäit virdru gesäit ee Länner wéi d'Schwäiz, d'USA oder och nach Singapur.

Ech hunn et gesot: Et ass wichteg, fir eeben déi Lück do ze fëllen, fir déi Besoinen ze fëllen u Skills an deem Beräich, dass mer weiderhin eis Jonk dorobber sensibiliséieren, dass mer och déi Rekonversiounen, déi elo kommen an enger Transformatioun vun der Aarbechtswelt, orientéieren op déi Sparten, wou ganz vill Leit gesicht ginn, an dat ass d'Digitalisatioun.

Och do gëllt et Efforten ze maachen am Beräich vum Upskilling vun de Leit. Mir mussen awer och kucken, dass mer Frae fir de Sektor vun den ICT gewannen. An dofir ass d'Wichtegkeet vun der Aarbecht vun esou Associatiounen wéi Women Cyber Force oder Women in Digital Empowerment, déi och hei bei eis ganz aktiv sinn.

Mir hunn och am Beräich vun der Cybersecurity e Sektor, deem extreem wichteg ass, well et ass kloer, dass alles, wat konnectéiert gëtt, alles, wat online ass, attaquabel gëtt fir Cyberkriminalitéit. An och do musse mer eis Kompetenze ganz staark verstärken. Dat maache mer mat eisem Centre for Cybersecurity mat deene Partenariats publics-privés, déi mer hunn am Beräich vun der Cybersecurity. Mee och do ass et natierlech eng Kompetitioun fir d'Talenter.

Zum Schluss, mengen ech, kann een zum Emploi an zu den Talenter nach soen, dass et eng nei Formatioun och gëtt bei eis zu Lëtzebuerg. Dat ass e BTS en cybersécurité, deem elo am Hierscht 2021 ugefaangen huet.

Wat elo d'Projeten ugeet, fir nach déi digital Economie weiderhin ze stäerken an och als Reaktioun op d'Pandemie weider auszebauen, mengen ech, kann ee fir d'éischt nach eng kéier soen, dass wierklech hei alles, wat digital ass, e riseg Boost krut. Mir hunn dat natierlech och nach ënnerstëtzt mat enger Partie Hëlfe, déi mer speziell adoptéiert hunn am Kontext vun der Pandemie.

Ech hunn des Ëfteren hei an der Chamber vun der Neistart-Hëllef geschwat, déi mer am Juli 2020 adoptéiert hunn. Dat ass eng Hëllef, déi ausgeluecht war, fir d'Entreprise ze encouragéieren, fir an ëmweltfrëndlech Prozesser ze investéieren, fir awer och an d'Digitalisatioun ze goen, fir hir Prozesser ze moderniséieren an an der Kreeslafwirtschaft weiderzokommen. An dat ass eng Hëllef, déi ganz staark gegräff huet. Do konnt ee bis zu 50 % digital Prozessinnovation bezuschosst kréie vum Staat.

An et si ganz vill Betriber, déi dës Hëllef effektiv och genotzt hunn, fir sech ze digitaliséieren. Vun 279 Dossieren, déi bei där Hëllef bis ewell traitéiert goufen, waren der 107 am Beräich vun der digitaler Innovatioun. Dat weist also, dass d'Entreprisë wierklech op déi Hëllef do zréckgegräff hunn, fir déi digital Transitioun do bei sech ze begleeten.

Eng aner Hëllef, déi mer agefouert hunn, dat war de Fit 4 Resilience vu Luxinnovation, wat u sech eng Kofinanzéierung vun enger Consultance war, wou Entreprisë konnten zesumme mat Luxinnovation an zesumme mat engem Consultant sech conseiléiere loossen, fir méi resilient ze ginn, dat heescht och méi digital ze ginn an engem Environnement post-pandémique.

Voilà. Ech mengen - just nach ganz schnell, ech ginn elo net an den Detail -, Dir wësst, dass et eng ganz Rei Strategieën gëtt vum Wirtschaftsministère fir d'digital Economie, wéi och natierlech vum Rescht vun der Regierung. Säit 2019 hu mer eng Innovationsstrategie, déi op Date berout. Mir hunn dëst Joer eis Strategie „Ons Wirtschaft vu muer“ adoptéiert. Och do geet et ëm d'Digitaliséierung.

Mir hunn och eng ganz Rei Projeten an Infrastrukturen, déi natierlech e bëssen d'Réckgrat si vun där ganzer Strategie, sief et d'Datenzentren, sief et eisen High Performance Computer, sief et och déi verschidden europäesch Projeten, déi mer matmaachen: GAIA-X, den europäesche Cloud, wat en europäeschen IPCEI ass, Important Projects of Common European Interest, wou et drëm geet, en europäesche Cloud ze bauen, deem dann och eisen héije Sécherheetsuspréich gerecht gëtt.

An dann hu mer ee ganz ambitiöse Projet, dat ass dee vun enger nationaler Dateplattform, wou et wierklech drëm geet, fir Daten ze kollektéieren an deene verschiddenste Beräicher, se interoperabel ze maachen an esou zur Verfügung ze stelle vu Betriber wéi awer och vun der Recherche, awer och am Santéberäich, fir eebe kënnen nei Saachen ze modelliséieren, fir Intelligence artificielle weiderzobringen an och an der Digitalisatioun weiderhin nach e Sprong ze maachen.

Voilà. Dat alles, mengen ech, fir lech nach eng kéier ze soen, dass mer do gutt geschafft hunn, dass d'Pandemie eis e Push ginn huet, fir nach méi digital ze ginn, an dass mer do, mengen ech, relativ gutt ënnerwee sinn. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

## 10. Question élargie n° 115 de M. Laurent Mosar au sujet des investissements publics dans le secteur spatial

An da komme mer zur erweiterter Fro Nummer 115 vum Här Laurent Mosar iwwert d'ëffentlech Investitiounen am Weltraumsektor. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Laurent Mosar (CSV)**.- Merci, Här President. Här Minister, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et sinn elo fënneg Joer hier, dat de fréiere Wirtschaftsminister Étienne Schneider déi Spaceresources-Initiativ gestart huet. Dat war am Laf vum Joer 2016. Déi Initiativ huet eng ganz Rei vu Business hei zu Lëtzebuerg generéiert. Et sinn och eng ganz Rei vu Gesellschaften, déi sech an deem Sektor entretemps hei niddergelooss hunn. Et ass also eng Initiativ, déi eng ganz Rei vu positiven Effeten hat.

Allerdéngs dierf een och net vergiessen, dass eng Rei méi negativer derbäi waren. Ech wëll hei net nach laang iwwer Planetary Resources schwätzen. Mee wann ech haut gefrot hunn, fir déi Fro op den Ordre du jour ze kréien, ass et eigentlech, fir e kuerzen Tëschebilan kënnen vum zoustännege Minister ze kréien. An ech hunn do och haaptsächlech véier Ursachen, déi mech derzou gefouert hunn, dat haut an hei ze froen.

Dat Éischt ass, dass am Kader vum ICT Spring, deem elo am September stattfonnt huet, eng ganz Rei vun Initiativen och do vum zoustännege Minister, awer och vum Privatsektor virgestallt gi sinn.

Eng zweet Ursach ass, dass de Minister elo mat enger Wirtschaftsmissioun, och am Kader vun Dubai, do op der Plaz war an do op engem Kongress derbäi war, deem IAC heescht, de Congrès international d'astronautique. Och do schéngen eng ganz Rei vu Kontakter geknäppt ginn ze sinn, wou et interessant ass, awer vum Minister ze héieren, wat do ganz konkret wäert kommen.

En drëtten Punkt ass, dass d'SNCI, awer och de Staat selwer iwwert de Wirtschaftsministère eng sub-stanzieell Participatioun bei engem Fong geholl hunn, engem lëtzebuergesche Fong, Orbital Ventures. Et ass e Fong, deem entre-temps 120 Milliounen scho realiséiert huet, wat also och e grouss Succès schéngt ze sinn.

An dann e leschte Punkt, dat ass deem, dass anscheinend och zwee MoUen (ndlr: Memorandum of Understanding) ofgeschloss gi sinn, ee mat Airbus an ee mat der ASI, dat ass déi italieenesch Space-agence.

Dorausser ergi sech da fir mech folgend Froen:

Eng éischt Fro ass, fir genau emol gewuer ze ginn, Här Minister, wat dann elo déi global Enveloppe ass, déi direkt vum lëtzebuergesche Staat respektiv vun der SNCI oder och vun der Spuerkeess a Space-resources-Projekte gestach ginn ass. Et liest een do, dat wär e Montant vun 30 bis 40 Milliounen. Ech wär frou, wann Der eis de Mëtten do vläicht kéint méi e genaue Montant ginn.

Zweetens: Wivill Entreprisë sinn an der Tëschenzäit an deem Sektor aktiv? Och do geet dervu rieds, dass 20 Entreprisë sech an de leschte Méint hei niddergelooss hätten a mer entre-temps op ronn 70 Entreprisë wieren. Och do wär ech frou, wa mer méi Prezisioun kéinte kréien.

Drëtzens: Wivill Leit schaffen ongeféier haut an deem gesamte Sektor?

A véiertens, eng ganz wichteg Fro: Kann ee schonn ongeféier soen, wat dee Sektor och als steierlech Recetten entre-temps generéiert? Well dat soll jo en zousätzlecht Standbee ginn.

Da fënneftens: Ech hu vun där Participatioun vun Orbital Ventures virdru geschwat, mee niewent där sinn nach aner gréisser Participatiounen envisagéiert. Kann de Minister eis eventuell do haut scho méi soen?

Sechst Fro: Ech hunn et schonn ugeschnidden, déi zwee MoUen, kann de Minister eis do vläicht déi eng oder aner Prezisioun ginn? Ech wär d'ailleurs do dankbar, wa mer vläicht och eng kéier an der zoustänneger Wirtschaftskommissioun déi MoUen dann à huis clos och no där Prozedur, déi mer eis ginn, kéinte virgestallt kréien.

Siwent Fro: Wéi gesäit et um Niveau vun der Kooperatioun mat anere Länner aus? Do waren ënnert dem Étienne Schneider relativ intensiv Kontakter mat Russland, och mat China geknäppt ginn. Wou si mer do drun?

Aacht Fro: Et soll nach ëmmer en internationale „legal framework“ do kommen. Et war ee Moment envisagéiert, deem um Niveau vun den Nations Unies ze concluéieren. Wou si mer do drun? Si mer e bëssen do virukomm?

Néngt Fro: Wéi gesäit et mat deem geplangte Spacecampus aus? Wou soll deem entstoen? Ech hunn do och héieren, dass eventuell zwou oder dräi Plaze solle kommen.

An zéngt a lescht Fro: All déi Weltraumaktivitéite solle jo awer och nohalteg sinn. An do kritt een awer elo an de leschte Woche mat, dass do verschidde Leit, déi warscheinlech e bëssen ze vill Suen hunn, eng Aart Weltraumtourismus maachen. Och do: Ass ofgeséichert, dass all déi Aktivitéiten, déi hei vu Lëtzebuerg aus gesteiert ginn a wou mir och Participatiounen hunn, net dozou do sinn, fir esou Weltraumausfluch ze maachen?

Ech soe scho Merci fir d'Äntwerten.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert, nach eng kéier den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**.- ... gejëngert hat. Zéng Stéck.

■ **Une voix**.- Zéng konkret Froen.

■ **Une autre voix**.- ... eng konkret Äntwert.





■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Eng extraterrestresch.

(*Interruption*)

■ **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Här President, et ass effektiv wouer, dass ech zu Dubai war - ech hunn dat schonn de Mëtte gesot -, fir gutt Kniddelen z'essen a gudde frësche Muselwäin ze drénken, awer och haaptsächlech, fir effektiv um International Astronautical Congress derbäi ze sinn, wat déi gréisst Konventioun ass am Beräich vum Space a vun de Spaceresources. Wat mer dann effektiv och d'Occasioun gëtt, fir hei e bëssen de Punkt ze maachen iwwer alles, wat mer do gemaach hunn, an och, wat an deem Secteur fir de Moment leeft.

Ech kann lech soen, dass bei där Missioun eng 34 Betriber derbäi waren, déi am Spacesector aktiv sinn. Mir haten e Stand op deem IAC mat aacht Lëtzeburger Exposanten, dee ganz gutt besicht war, wou och all déi Leit, déi do matgemaach hunn, ganz begeeschtert waren an och ganz gutt Kontakter erëm konnte knäppen. Et huet een erëm gesinn, dass dat Zesummekommen, u sech den Networking a physiquement sur place sinn wierklech awer eppes aneres ass wéi déi ganz Visiokonferenzen, déi mer elo all déi Zäit do gemaach hunn.

Ech hunn och do effektiv eng Rei Annoncë gemaach an där Woch. D'Presentatioun vum Spacefong Orbital Ventures, do kommen ech nach drop zrëck. Mir hunn och am Kader vum ESRIC, eisem European Space Resources Innovation Centre, dee mer zesumme mat der ESA maachen, en neien Incubateur annoncéiert an och e Plang, fir Startuppen ze encadréieren.

Mir hunn eng Rei Signaturë gemaach vu Kooperationsaccorden tëschent der LSA an der italieenescher Spaceagency. Dat war de Follow-up vun enger Rencontre, déi ech mam italieenesche Staatssekretär am Februar 2020 hat. An dat war d'Konkretisatioun vun där Kollaboratioun, awer och effektiv tëschent der LSA an dem CNES (ndlr: Centre national d'études spatiales), der franséischer Spaceagency, wéi awer och tëschent ESRIC an Airbus, déi zesumme wäerte schaffen am Kader vun deem neie Spacecampus.

Mir hunn och deen neie Space Directory presentéiert. Dat ass e Bichelchen, wou all d'Acteuren aus dem Space dra resuméiert sinn. Et ass effektiv esou, dass trotz Pandemie den Ekosystem sech developpéiert huet vu 50 Acteuren op elo 70 Acteuren. Dat heescht, dat ass eppes, wat sech ganz dynamesch entwéckelt. Dat sinn net nëmmen Entreprises, mee dat sinn och Acteuren aus der Recherche an aus anere Beräicher.

Wat elo d'effentlech Investitiounen ugeet a Betriber aus dem Spacesector, esou ass et effektiv esou, an Dir wësst dat, dass et een Deel vun eiser Strategie ass am Beräich vum Space, fir och Investissementer ze maachen an Entreprises, a jonk Entreprises, déi e grousst Potenzial hunn an déi am Beräich vum Newspace a vun de Spaceresources ënnerwee sinn. Dat maache mer souwuel direkt wéi och indirekt. An ech kann lech do natierlech och eng Rei Detailer dozou ginn.

Mir sinn als Staat direkt an zwee Investitiounsfonge bedeelegt, déi esou Investissementer am Secteur spatial maachen. Deen een ass Orbital Ventures, wou mer effektiv de Closing annoncéiert hunn zu Dubai. An deen zweeten ass den Digital Tech Fund. Mir hunn och indirekt Bedeelegunge vum Staat an esou Fongen iwwert d'SNCI, déi jo och an den Digital Tech Fund investéiert huet wéi och an den Orbital Ventures an och zousätzlech an de Luxembourg Future Fund, deen och kann a Spaceentreprises investéieren.

Déi Fonge sinn tatsächlech a Spacebetriber, a Startuppen investéiert. Als Beispill kann een hei de Luxembourg Future Fund ginn, deen en Investissementer huet an d'Spire Global. Spire Global ass eng Entreprise, déi hei zu Lëtzebuerg hire Siège huet, déi sech ganz staark entwéckelt, déi och op anere Plazen an der Welt Filialen huet, mee déi hei zu Lëtzebuerg hire Siège huet. Si huet u sech eng Aktivitéit vun Observatioun vum Espace, kombinéiert dat mat Datesets, déi se hei ënnen op der Äerd fënnt, woumat se zum Beispill am Beräich vun der Observation maritime, vum Trafic maritime, awer och dem Klima e ganz gudde Business huet, à tel point, dass déi Entreprise elo am August cotéiert ginn ass um New York Stock Exchange an elo valoriséiert ass op e puer Milliarden Dollar.

Dat ass dee Moment natierlech och e ganz lukrativen Investissemement fir de Lëtzeburger Staat. An dat, mengen ech, muss een dann awer och deenen Echecken entgéintsetzen - Dir hutt vu Planetary Resources geschwat. Et ass kloer: Wann een an deem Beräich do investéiert, bréngt dat Risike mat sech, bréngt natierlech awer och, wann et eppes gëtt, ganz grouss Plus-valuë mat sech. An dat ass zum Beispill am Beräich vu Spire Global de Fall: e Succès an e ganz rentablen Invest, awer och doriwwer eraus eppes, wat sech am Emploi ganz gutt entwéckelt.

De Luxembourg Future Fund ass ausserdeem och nach an där finnescher ICEYE investéiert, wat och e Betrib ass, dee sech ganz gutt entwéckelt. Dat ass eng Flott vun Nanosatelliten, vu ganz kleng Satelliten, déi an der Äerdbeobachtung aktiv ass.

Da gëtt et den Digital Tech Fund, deen am Spatial an Hydrosat investéiert, déi zu Lëtzebuerg ugesidelt sinn. Och déi maachen Analyse vu geospatialen Donnéeën: zum Beispill fir Clienten, déi Wiederdonnéeë maachen, awer och fir d'Landwirtschaft plangen. Och do sinn dat ganz wichteg Donnéeën an deem Beräich. Dat si Fongen, déi, wéi gesot, net exklusiv op de Spacesector fokusséiert sinn, déi awer och Entreprises hunn am Spaceberäich.

Mee den Orbital Ventures ass e Fong - an do kommen ech elo vläicht méi am Detail drop ze schwätzen - dee wierklech exklusiv am Beräich vum Space investéiert ass. Déi Initiativ, déi effektiv Ufank 2000 nach vum Étienne Schneider annoncéiert gouf, ass wierklech, fir e Spacefong opzebauen. Dat ass vun der Regierung, der Luxembourg Space Agency a mengem Ministère deemools gemaach ginn an zesumme mat Partner aus dem Privé an dem Public opgesat ginn. De Fong gëtt vu Promus Ventures geréiert. Dat ass en Investmentmanager, dee spezialiséiert ass op déi Beräicher, an do gëtt dann d'Selektioun vun deenen interessanten Entreprisë gemaach. Et gëtt natierlech eng Due Diligence gemaach, wéi seriö déi Entreprisë sinn, wat hire Business-Case ass. An da gëtt decidéiert, fir dran ze investéieren.

Nieft der Regierung, déi 27 Milliounen Euro via de Wirtschaftsministère investéiert huet, huet nach d'SNCI an dee Fong investéiert mat 18 Milliounen Euro, awer och den Europäeschen Investitiounsfong, den EIF - wat jo awer och ëmmer eng Caution ass vu Seriö a vu Kredibilitéit -, dee 40 Milliounen Euro an dee Fong investéiert huet. Awer och d'Spuerkeess, BGL, BIL, POST, OHB, SES a Promus selwer hunn alleguerten an dee Fong do mat investéiert.

Dir hutt et selwer gesot: Dee Fong huet e gesamte Volume vun 120 Milliounen Euro, deen dëst Joer säi Closing gemaach huet. D'Zil ass et wierklech hei, fir Kapitalinvestitiounen a Startuppen aus dem Newspace mat innovativen Iddien an Technologien ze maachen, déi nach relativ fréi an hiren Entwécklung dru sinn. Do kann ee Beispiller ginn. Dee Fong ass elo a siwe Betriber investéiert, zum Beispill an Isotropic Systems. Dat ass eng englesch Gesellschaft, déi spezialiséierte Satellitbau mécht. Ellipsis Drive ass eng Entreprise, déi eng Dateplattform fir geospatial Informatiounen mécht. An eng Rei anerer.

Et ass effektiv esou, dass dat net nëmme lëtzeburgeresch Entreprisë sinn. Et ass awer ëmmer de Gedanken dohannert, dass - well dat ass en Ekosystem, deen nach relativ kleng ass, deen extreem international ass - een iergendwann eng Kéier e Spillover kritt fir Lëtzebuerg, dat heescht, dass ee probéiert, en Deel vun deenen Aktivitéiten dann och op Lëtzebuerg ze kréien.

Op alle Fall ass et esou, dass et hei eng Transparenz gëtt, wat elo d'Performance vun deem Fong ugeet, an dass dëse Fong wierklech och ganz kloer d'Positioun vun eisem Land als Leader am Beräich vu kommerziellen Aktivitéiten am Space stäerkt. Et war wierklech impressionnant ze gesinn zu Dubai, wéi staark eis Kredibilitéit ass als Land am Beräich vun de Spaceresources, an deem ganze Beräich vun deenen Entreprises, déi sech drop spezialiséieren, Saachen hierstellen, awer och Servicer unzibidden, fir déi kommerziell Exploitatioun am Space weiderzebréngen. An do schwätzen ech elo emol net méi vu Mining, do schwätzen ech wierklech vun Daten, Datenökonomie, well do geet et och ganz vill ëm Daten.

Et geet ëm Äerdobservatioun, et geet awer och ëm Saache wéi - an Dir hutt et och ugeschwat - Space-traffic, dee ganzen Debris-Management, wou et jo haut nach d'Nouvelle war, dass elo e Satellitt vun de Russen do uewen an d'Luucht geschoss ginn ass, deen elo Space-Debris do hirstellt. Dat heescht, dat sinn déi Applikatiounen, déi wierklech dans un premier temps elo kommen. Awer och déi vun Entreprisë wéi Maana Electric, déi Fotovoltaikpannoen hirstellen, déi duerno kënnen um Mound selwer mat Regolith fabrizéiert ginn, déi awer och entre-temps op der Äerd kënnen gemaach ginn. Dat heescht, dat sinn Dual-Use-Saachen, déi och an deem Spacesector amgaange sinn, ganz staark opzekommen. Dat si wierklech Beräicher, déi sech ganz staark entwéckelen.

Da gëtt et nach eng Rei Privatfongen, Fonge mat privatem Kapital, déi zum Deel oder integral a Betriber aus dem Spacesector investéiert sinn, wéi zum Beispill Expon Capital, awer och NewSpace Capital. Dat si Fonge mat experimentéierte Leit aus deem Secteur, déi och do ganz staark ënnerwee sinn.

Voilà. Ech mengen, Här President, ech krut ganz vill Froe gestallt vum Här Mosar. Ech weess awer, dass ech meng Zäit elo hei opgebraucht hunn. Ech mengen, dat gëtt lech awer e gudden Aperçu.

Den ESRIC ass en anere wichtige Baustee vun där ganzer Initiativ, deen elo d'lescht Joer lancéiert gouf. Do geet et wierklech drëm, zesumme mat der ESA am Beräich vun de Spaceresources hei en Zentrum opzebauen, wou déi ganz Infrastruktur och do ass: wéi zum Beispill eng sougenannt „dirty vacuum chamber“, wou kënnen Simulatiounen gemaach ginn dans des conditions réelles, wéi wann een um Mound wär, fir do Roveren an allméiglech Saachen ze probéieren, am Fong ze simuléieren, de Kontext ze simuléiere vum Space. Och dat ass eppes, wat natierlech e ganz wichtige Bausteen ass vun där ganzer Initiativ.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Wirtschaftsminister.

(*Interruption par M. Laurent Mosar*)

Ech wëll lech just soen, Här Mosar, Är Zäit war och schonn opgebraucht.

■ **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Ech wollt eng Propos maachen, Här President. Ech verstinn, ech hat vill Froe gestallt. Et ass eng ganz passionnant Matière. Den Här Minister - an ech maachen em awer do kee Reproche - konnt net op all meng Froen äntworten. Ech wëll och elo hei net méi laang Zäit an Usproch huelen. Ech géif vläicht proposéieren, mam Accord vum Minister - ech kucke mäi Kolleg President vun der zoustänneger Kommissioun -, dass mer vläicht eng Kéier kéinte bei enger nächster Geleeënheet déi Froe méi am Fong an där dofir zoustänneger Kommissioun diskutéieren. Ech mengen, dat géif eis alleguerten arrangéieren. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Très bien!

## 11. Question élargie n° 118 de M. Laurent Mosar au sujet du site de production du groupe industriel Liberty Steel à Dudelange

Mir kënnen dann elo zur erweiderter Fro Nummer 118 vum Här Laurent Mosar kommen iwwer Liberty Steel. An ech wëll drop opmierksam maachen, datt och hei d'Spillereegelen net geännert hunn, datt de Froesteller fënnef Minutten Zäit huet, ...

(*Interruption*)

... fir d'Haaptfro ze stellen an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro. An och hei stinn der Regierung nëmmen zéng Minutten zou. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Jo, merci, Här President. Här Minister, ech kann lech berouegen: Hei wäert et weesentlech méi kuerz sinn.

Ech wollt nach eng Kéier op dee Sujet Liberty Steel zrëckkommen. Mir hate schonn e puermol souwuel hei am Plenum iwwert dee Sujet geschwat wéi iwwregens och an der zoustänneger Kommissioun. Fir d'lescht war dat den 29. Juni. An ech hunn d'Gefill - an ech weess net, ob dat Gefill herno och vum Minister a senger Äntwert gedeelt gëtt -, datt mer leider Gottes nach net weesentlech virukomm sinn an deem doten Dossier an datt d'Situatioun eigentlech och nach keng fundamental aner ass wéi déi, déi mer viru fënnef Méint virfonnt hunn.

Ganz kuerz: Wat ass entre-temps vläicht passéiert, wat ee kéint erwänen? Et huet een d'Gefill, datt d'Financiere vun deem Grupp Liberty Steel, de Grupp GFG Alliance, amgaange sinn, massiv an déi englesch Fabricken an Usinnen ze investéieren. Et huet een och d'Gefill, datt een anere vun den Elementer vun deem Grupp, nämlech LIBERTY Galati, déi a Rumänie sinn, och amgaange sinn, ganz staark ze expandéieren. Meng Informatiounen no géifen déi och richtig gutt Geld verdéngen.

Allerdéngs féiert dat alles derzou, datt souwuel zu Léck wéi och zu Lëtzebuerg - zwee Wierker, déi jo ganz enk zesummenhänken - leider Gottes net ganz vill geschitt a mer mengen Informatiounen no hei eigentlech just op engem Niveau vun 20 % Auslaaschtung vun der Produktioun sinn. Wat eigentlech lächerlech ass fir e super flotten a performante Site, dee mer zu Diddeleng hunn, och mat ganz kompetenten an engagéierte Mataarbechter.

Wat awer elo nei ass: datt net méi spéit wéi haut - an duerfir, mengen ech, ass et och gutt, datt déi Fro haut diskutéiert gëtt - jo anscheinend e Sanéierungsplang, dee Léck betrëfft an dee sécherlech och wäert Auswierkungen op de Site Diddeleng hunn, vun engem belsche Gericht entweder aprovéiert oder eventuell och net aprovéiert gëtt. Dat ass eigentlech dat eenzegt neit Element, wat een elo hei ka preziséieren.

Ech wollt dem Minister dofir eng Rei vu Froen dozou stellen, fir d'ëischt effektiv wat dat Sanéierungsverfahren ubelaangt: Huet de Minister eventuell schonn Informatiounen, wat do geschitt ass? Wat huet dat fir Konsequenze fir de Site zu Diddeleng?

Zweetens: Wéi vill Mataarbechter sinn am Moment erëm a Kuerzaarbecht zu Diddeleng? D'leschte Kéier waren dat der nach 85. Wéi huet dat evoluéiert?

Drëtzens: Wéi ass et mat de Gehälter vun de Mataarbechter? Ech muss lech soen, datt dat wierklech eng ganz traureg Situatioun ass fir déi Leit, déi quasiement all Mount ëmmer erëm mussen zidderen, ob se och hir Pai kréien. Ech wär och do frou, vläicht ze héieren, ob zumindest déi Paie bis Enn dës Joers vun deene Mataarbechter ofgeséchert sinn.

Dann eng véiert Fro: De Minister hat eis gesot, datt en d'SNCI beoptraagt hätt mat enger Analys an enger Expertis, wéi een eventuell an där Saach do kéint virufueren. Dat och fir ze kucken, ob et eventuell do kéinte Kooperatiounen mat anere potenziellen Investisseuren ginn. Do wollt ech froen: Wou si mer am Moment drun? Kann de Minister eis do de Mëtteg vläicht schonn e bësse méi soen? Wéi sinn am Moment d'Gesprécher mat der Direktioun respektiv och mat de Gewerkschaften, déi jo do ganz aktiv um Terrain sinn? A wat sinn och déi laangfristeg Perspektive fir dat dote Wierk? Well et huet een einfach d'Gefill, datt souwuel d'Mataarbechter wéi d'Direktioun eigentlech och net méi schrecklech glécklech iwwert déi aktuell Situatioun sinn a léiwer haut wéi muer do géifen erauskommen.

An dann eng lescht Fro, Här Minister. Dir hat d'leschte Kéier gesot - dat war also den 29. Juni -, Är Gedold wär bal um Enn an dësem Dossier. Elo si mer fënnf Méint méi spéit. Et ass nach net schrecklech vill geschitt. Meng Fro ass: Ass Är Gedold dann elo um Enn oder wéini ass se um Enn?

Ech soen lech Merci fir Är Äntwerten.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert. An dat ass nach eng Kéier den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

■ **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Jo, Här Mosar, et ass nach ëmmer esou. Wat net geännert huet, dat ass, dass et fir d'Regierung nach wie vor absolutt prioritär ass, fir an deem Dossier do eng Léisung ze fannen, déi fir de Lëtzeburger Site zu Diddeleng an och fir déi Leit, déi do schaffen, eng durabel a perenne Léisung ass, fir hiren Emploi ofzesécheren, fir och d'Aktivitéit do ofzesécheren.

An et ass och richtig, dass d'SNCI do an deene leschte Méint ganz vill un deem Dossier geschafft huet, fir eng Rei Zenarien ze analyséieren, fir och mat enger Partie méiglechen industrielle Partner iwwer eng Reprise vun deem Site mat neien industrielle Pläng ze diskutéieren an och natierlech iwwert d'Modalitéite vun enger Finanzéierung vun esou enger Léisung.

Et ass awer ëmmer erëm wichtig ze betounen - an do ass et mat menger Gedold och net vill besser gi mat der Zäit an deene leschte fënnf Méint -, dass d'Situatioun vun Diddeleng ganz staark un där vu Léck hänkt. Déi zwee Sites de production sinn étroitement liéiert. Dir wësst, dass Diddeleng am Fong haaptsächlech Travail à façon gemaach huet fir déi Coils, déi vu Léck koumen. An natierlech: Wa Léck au ralenti dréit, dann dréit och Diddeleng au ralenti.

An Dir wësst, dass Léck - an Dir hutt selwer elo drun ërënnert - fir de Moment an enger Réorganisation judiciaire ass, säit dem 11. Mee dëst Joer. Dat ass eng Prozedur, déi elo nach bis den 30. November leeft, wou elo also muss ofgestëmmt gi vun de Creanciere vu Léck, ob se mat där Proposition, déi do virläit, d'accord sinn. Et sief och gesot, an dat ass wichtig, dass déi Réorganisation judiciaire net effentlech ass. Dat ass keng effentlech Prozedur, dat heescht, Externer kënnen am Fong keng Asiicht kréien, wat dann elo do um Dësch läit.

Dofir ass dat eppes, op dat mer natierlech waarden och hei zu Lëtzebuerg. Mir wëssen net, wat elo do erauskënnt. Mir müssen also dorobber waarden an eis dann en fonction dovunner natierlech och hei ëmkucken an decidéieren, wat ... Bon, net decidéieren, mee mir kréien dann am Fong plus ou moins imposéiert, wat dann elo hei geschitt. Dat ass natierlech dat Frustrantst, dass een d'Kaarten hei net all am Grapp huet. Dee Grupp Liberty Steel gëtt ëmmer nach kontrolléiert vu GFG, vum Här Gupta sengem Grupp. Trotz all sengen Deboiren a sengem Empêtement an där Faillite vu Greensill ass dat nawell nach ëmmer esou, dass hien de Patron ass vun där Entreprise a mer dat natierlech net alles einfach esou kënnen do eraushuelen oder nationaliséieren.

An deem Kontext a parallel gëtt fir Léck eng sougenannt „procédure loi Renault“ gemaach, et gëtt un engem Sozialplang geschafft. A wéi gesot, ech mengen, do ass et wichtig ze wëssen, dass och deen un där Procédure de réorganisation judiciaire hänkt, wou da muss eng Majoritéit vun de Creancieren deen aprovéieren, fir dass en och duerchgeet.

Et ass also weiderhin eng Situatioun, déi extreem komplex ass, déi markéiert ass vum Onsécherheet, wat d'Pläng vum Grupp Liberty Steel de manière générale ugeet, awer och insbesonnesch déi zukünfteg Opstellung vun der belscher Entitéit am Kader vun där Procédure de réorganisation judiciaire, an dann natierlech par conséquence och d'Operatiounen vun der Lëtzeburger Entitéit, déi effektiv och elo nach ëmmer ganz staark au ralenti





dréit. Wat net verwonnerlech ass, well se, wéi gesot, nach ëmmer u Léck hänkt.

Derbäi kënn natierlech, dass dat aktuellt Ëmfeld, d'gesamtwirtschaftlecht Ëmfeld mat ganz staarke Präishaussen, souwuel um Niveau vun de Matière-premièrè wéi och um Niveau vun der Energie, natierlech net dozou bäidréit, dass den Dossier besser gëtt, och wann een iwwer méiglech Pläng B oder méiglech alternativ Solutiounen fir de Site Diddeleng diskutéiert. Et ass also ganz schwéier, lech à l'heure actuelle ze soen, wéi dat alles elo wäert weidergoen. Mee nach eng Kéier: Et ass wierklech nach wie vor de Wëlle vun der Regierung, fir hei eng Léisung ze fannen, wann et nëmme méiglech ass.

Wat awer sécher ass, dat ass, dass et hei zwee entscheedend Facteuren gëtt. Éischstens brauch ee ganz kloer en industrielle Partner, deen eng Capacitéit huet, fir an engem aktuell schwierigen Ëmfeld - trotz enger Conjoncture haute an engem schwierigen Ëmfeld, dat ech elo beschriwwen hunn - en industrielle Plang ëmzesetzen, deen eng stabil a laangfristeg Perspektiv fir de Lëtzebuurger Site a seng Leit mat sech bréngt. An deen zweete Punkt ass natierlech och - an deen ass gradesou wichtig -, dass ee muss eng Capacitéit hunn, fir sech op eng rentabel Aart a Weis anzedecke mat Matières premières, fir dass esou e Wierk och kann uerdentlech fonctionéieren.

Ech si weider amgaang, mat der SNCI, awer och mat allen anere Partner ... An do géif ech och wierklech gärden déi gutt Relatioun mat de Gewerkschaften ënnersträichen, déi mer déi ganzen Zäit haten, während deem ganzen Dossier, mam LCGB an dem OGB-L, déi sech natierlech Suerge maachen ëm d'Belegschaft, déi do schafft an déi bei hinne Member sinn, an hinne och Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Et ass, wéi gesot, e ganz frustranten Dossier, dee scho ganz laang an der Schwief hänkt, mee wou mer nach wie vor nach e bësse Gedold mussen hunn, obwuel eis alleguerten de Fuedem gerass ass, fir do ze kucken, wéi et weidergeet. Mee Dir kënn sécher sinn, dass ech mech weiderhi wäert asetzen, fir do eng Léisung ze sichen an ze fannen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Wirtschaftsminister. Den Här Mosar huet nach eng Zousazfro.

■ **M. Laurent Mosar (CSV)**.- Jo. Merci, Här President. Ech hu jo nach e bëssen Zäit.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Absolutt!

■ **M. Laurent Mosar (CSV)**.- Nach eng Kéier merci fir déi Explikatiounen. Ech mengen, mir sinn eis och an der Analys eens. An ech deelen och déi Ausso vum Minister: Mir mussen do wierklech en industrielle Partner fannen, dee Sënn mécht.

Nach stellt sech awer d'Fro: Dat kann net méi éiweg daueren! Well, ech mengen, mir sinn eis och eens, datt den Dossier net besser gëtt, wat e méi laang schleeft. Duerfir hunn ech awer nach eng Kéier eng Zousazfro. Et war ee Moment och nach ëmmer dervu geschwat ginn, ob net awer ArcelorMittal nach eng Kéier kéint vläicht erëm do dat Wierk iwwerhuelen. Géift Der dat haut komplett ausschléissen, déi Optioun?

An zweetens: Trotzdeem, mengen ech, Här Minister, iergendwéi ... Dir hutt Gedold, mir hu Gedold, mee déi Leit, déi do schaffen, et muss een ëmmer gesinn, datt dat zum Deel dramatesch ass. Do stinn och ganz vill mënschlech Schicksaler um Spill. An iergendwéi muss awer eng Kéier Schluss sinn. Dat ka jo elo net nach iwwer Méint schleefen. Duerfir meng Ofschlossfro: Wéini kënn de Moment, wou Dir awer sot: „Elo ass Schluss! Elo mussen mir och hei als Lëtzebuergesch Regierung eng Initiativ huelen, fir där doter Situatioun en Enn ze maachen“, dat am Interessi vum Wierk an haaptsächlech och am Interessi vun deene ville Leit, déi do schaffen?

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Mosar. An den Här Wirtschaftsminister huet och nach Zäit fir ze äntweren.

■ **M. Franz Fayot, *Ministre de l'Économie***.- Jo. Här Mosar, also wat déi Leit ugeet, déi do schaffen, gleeft mer, ech fillen do natierlech mat all eenzelnem Mataarbechter, dee fir de Moment an enger ganz schwieriger Situatioun ass, well en net weess, wéi et laangfristeg mat deem Betrib do weidergeet. Dir musst och wëssen natierlech ... An Dir hutt ganz Recht: D'Situatioun gëtt net besser. Et sinn elo schonn natierlech Mataarbechter, déi sech anerwäerts ëmkucken. Et ass fir de Moment an der Industrie eng grouss Demande no qualifizierter Main d'œuvre. An dat sinn alles Leit, déi gutt forméiert sinn. Dat heescht, och dat mécht natierlech d'Situatioun vum Betrib op länger Dauer net besser. Dat ass evident.

Fir de Rescht, ech hunn lech dat gesot: Ech kucken no allen Optiounen, wéi et nëmme geet, fir do eng Léisung ze fannen. Méi kann ech lech zu dësem Zäitpunkt do net soen.

Et ass awer - an ech mengen, Dir wësst dat och - net einfach, fir ... Et ass net un enger Lëtzebuurger Regierung, fir engem Betrib de Stecker erauszeeien -

wa se dat dann och kéint! Mir sinn awer nach ëmmer an enger Maartwirtschaft. Dat heescht, wann e Betrib, souguer mat enger reduzierter Aktivitéit, sech iwwer Waasser hält, da kann een do net alles maachen, souguer wann et eng ganz frustréierend Situatioun ass mat engem Betrib, deen effektiv anescht kéint fonctionéieren, wann e finanziell méi zolidd wär a wann e sech kéint anescht approvisionéieren an eeben net an där mësslecher Situatioun wär, an där Liberty Steel elo dran ass am Sog vun där Greensill-Affär.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Wirtschaftsminister.

## 12. Question élargie n° 112 de M. Charles Margue au sujet des assurances couvrant les risques liés aux inondations et autres catastrophes naturelles

Mir kommen elo zur erweiterter Fro Nummer 112 vum Här Charles Margue iwwert d'Versécherungen, déi den Iwwerschwemmungs- an Naturkatastrophenrisiko couvréieren. Här Charles Margue, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Charles Margue (*déi gréng*)**.- Merci, Här President. Här Minister Gramegna, mir sinn erëm bei der COP26 - Glasgow - Klima - Intemperien. Et verléisst eis net. Et schéngt keen Zoufall ze sinn: Ärenzdall 2016, Tornado Péiteng/Käerjeng 2018, Iwwerschwemmunge Juli 2021. Eng Gréisstenuerdnung vu schätzungsweis 230 Milliounen Indemnisationen, wat net ze verwisselen ass mat de reelle Käschten a mam reelle Schued.

Extrem Wiederevenementer ginn ëmmer méi heefeg. D'Wëssenschaftler soen eis, dass sech dat duerch de Klimawandel nach wäert weider verstärken. Heefegkeet an Intensitéit huelen zou. Wat exzeptionell war virun e puer Joer, riskéiert elo reegelméisseg ze ginn.

Natierlech mussen mer preventiv handelen: Réckhaltebecken, Renaturéierung. Dat alles ass wichtig a muss gemaach ginn. Ech erënneren drun, dass mer virun e puer Wochen eng Debatte hei iwwert d'Iwwerschwemmungen haten an dass an deene Froen, wat d'Preventivmoossnamen ugeet, sech wierklech e breede Konsens fonnt huet iwwer all d'Bänken eraus.

Et stellt sech d'Fro eebe vun de Moyenen, déi mer eis ginn, fir déi Schied, déi trotz alle Preventivmoossnamen dann awer nach entstinn. Wéi kënnen mer déi finanziell opfänken? Well et geet dobäi awer net just ëm Suen, et geet fir vill betraffe Leit carrement ëm d'Existenz. E Bléck bei eis belsch an däitsch Noperen huet eis dat kloer virun Ae gefouert, an eis Lëtzebuurger Rettungsdéngschter waren dovunner direkt Zeien am Juli.

De Risiko, dass Stéit, Familljen hir ganz Existenz verléieren, ass deemno reell. Et ka Lëtzebuerg muer treffen. An et kann all Famill hei am Land treffen, egal wou se wunnt. Op der Musel ware mer et gewinnt, mee et kann och un der Sauer sinn, am Minett, am Mëllerdall, ëm Éislek, am Uelzechtdall, am Westen, am ganze Land.

Zënter 2017 gëtt et eng fräiwëlleg Zousazversécherung géint Schied duerch Iwwerschwemmungen. A mengen Aen eng Plooschter um System, kee Solidaritéitsgedanken, kee Mutualitéitsgedanken. Mir hunn de Leit eng Chance ginn, selwer no sech dann ze kucken, an der Hoffnung, dass d'Leit da breetgestreet am Land géifen dorobber zréckgräifen.

De System vun haut huet dës Limiten um Niveau vun der Couverture - mir hunn et gesinn -: Iwwerschwemmungsgebit - eng Couverture maximum vun 20.000 Euro. Wa mer an engem Gebitt waren, wat net ausgewisen ass als Iwwerschwemmungszon, hu mer eng Null drugehaangen - dann ass et 200.000. Bis elo keng generell Adhesioun zu der Zousazversécherung: Just 50 % hunn eng ofgeschloss, wat d'Iwwerschwemmungen ugeet. Wa mer d'Stiern kucken, do hunn 80 % vun de Stéit ënnerschrwwen.

D'Primmen, déi recoltéiert goufen, gi bei Wäitem net duer, fir d'Käschten ze decken. Am Duerchschnëtt goufen ongeféier 7 Milliounen pro Joer an de leschte fënnf Joer agedriwwen. Den Total vun de Primmen zënter 2017 geet also däitlech net duer, fir d'Onkäschte vun de Sinistren ofzedecken duerch d'Naturkatastrophen an deem Zäitraum.

Wéi laang geet de System mat de Réckversécherungen nach op, wouduerch d'Asssureuren den Impakt an hire Bilanen offiederer? War et e Schrëtt an déi richteg Richtung, d'Aféierung vun enger optionaler Zousazversécherung? Nee, ech fäerten net!

Am Juli dëst Joer huet den Administrateur délégué vun der ACA an engem Interview ugedeit, dass d'Assureure warscheinlech kuertzfristeg missten d'Primmen an d'Garantien ajustéieren. Primmen erop, Garantien erof, oder wat bedeit dat?

Fir d'Zukunft stellt sech d'Fro, wéi mer en anere Modell ariichten, fir dass an Zukunft d'Familljen net ëm hir Existenz musse fäerten. An anere Länner goufen d'Assurance géint Catastrophes naturelles d'office an eng generell Habitatsversicherung abegraff. Domat sinn déi Stéit also automatesch géint

Iwwerschwemmunge verséichert. Bei eis ass et eng zousätzlech Optioun.

D'Fro kann och gestallt ginn, awéifern de Staat kann eng Garantie iwwerhuelen am Fall vu ganz schlimmen Iwwerschwemmungen. Aner Länner, wéi zum Beispill d'Belsch a Frankräich oder och d'USA, hu spezifesch staatlech Fongen, déi am Fall vun enger Naturkatastroph séier aktiv ginn, fir de Betreffenen ze hëllefen.

Meng konkret Froen: Wat sinn déi aktuellst Zuelen zu de Käschten fir d'Schied bei de Stéit vun den Iwwerschwemmungen am Juli 2021? Wat hunn d'Assureuren dovunner gedroen? Wat sinn d'Schied am Ganzen? Hutt Der do Zuelen? Hutt Der och Zuele vun den Entreprises?

Wat ass den Echo, deen de Finanzminister aus dem Assurancësektor kritt? Huet de Minister Informatiounen driwwer, wéi d'Primme sech wäerten entwéckelen? Gëtt driwwer nogeduecht, d'Couverturen an den Iwwerschwemmungsgebitter ze erhéien?

Wat fir Piste proposéiert de Minister, fir den Assurancësektor esou ze verbessern, dass e kann dauerhaft fonctionéieren, wann ee weess, dass dës Evenementer méi heefeg ginn? Eventuell kompletéiert duerch eng staatlech Komponent, e staatleche Fong?

Ass de Minister der Meenung, dass de volontairen Assurancemodell duergeet? Oder mengt hien, dass een an d'Richtung vun enger obligatorescher Assurance fir all Stot muss goen, am Sënn vun der gesellschaftlecher Solidaritéit?

Ech soen lech Merci a si gespaant op Är Äntwerten.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Margue. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

■ **M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances***.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, merci fir d'Fro, déi eng ganz wichtig ass an déi desto méi wichtig gëtt, well, wéi den Deputéierte Margue dat richteg gesot huet, déi klimatesch bedéngt Katastrophen an Evenementer jo ëmmer méi heefeg ginn. Dir hutt se opgezielt. An ech mengen, dass dës Regierung op deem dote Sujet en fait 2016 relativ séier reagéiert huet. Well mir haten en fait zu Lëtzebuerg iwwerhaupt keng Assurance, et ass emol keng ginn am Privatesektor. Et konnt een déi Risiken do net versécheren.

Nodeem wat dann 2016 op der Ernzt geschitt ass, hunn ech den Dialog mat den Assurancëgesellschaften gesicht. Se si relativ séier, muss ech soen, mat engem Produit op de Maart komm. An dee Produit, wéi mer dat och haut gesinn, ass relativ gutt ukomm, well en fait méi wéi 50 % vun de Leit do duerch elo an där heiter Situatioun fënnf Joer duerno eng Couverture hunn.

Wat elo de Schued ubelaangt, sinn d'Schätzungen, déi mer och zesumme mam Assurancësektor maachen als Staat, dass et warscheinlech zwëschen 120 an 130 Milliounen Euro sinn, Stand haut. Déi Zuel ass nach ëmmer net definitiv, aus verständleche Grënn, well jo nach Experten amgaange sinn, verschidde Schied héichzerechnen, ze estiméieren.

Ech hunn och eng parlamentaresch Fro kritt, op déi ech lech an deenen nächsten Deeg d'Äntwert wäert ginn. Wann Der wëllt, liesen ech lech alles vir, mee dat si ganz vill Zuelen - oral bréngt dat net ganz vill. Mee ech kann lech soen, dass ech et en fait - well ech och déi Zuelen elo an de leschten Deeg krut, wivill a wéi séier schonn entschiedegt ginn ass, souwuel vun den Assurancé wéi vum Staat - am Fong geholl relativ gutt fannen. Also, et si scho Personnen am August indemniséiert ginn, an am September an am Oktober natierlech. Dat heescht, déi Waardezäiten, op d'mannst zu Lëtzebuerg, wann ech dat mam Ausland vergläichen, dat schéngt mer extrem rapid ze goen.

Et ass natierlech an deene Fäll, wou de Schued méi grouss ass, wou et méi schwéier ass. Mee do ginn och Avancen ausbezuel. Mir Staat, awer och d'Assurancé selwer, bezuelen Avancen aus. Also, fir et emol generell auszudecken: Net nëmmen dat Gefill, wat ech hunn, mee och dat, wat um Terrain geschitt, beweist mer dat, wat mir als Regierung gärden hätten an och gesot hunn, dass keen am Ree stoe gelooss gëtt.

Bon, ass de System, wéi mer en elo hunn, perfekt? Ganz bestëmmt net! Mir léieren zesummen, wéi mer mat deene Situatiounen kënnen ëmgoen. Mir hu souwuel Hëllefen ... Wann d'Assurance net spillen - fir et emol einfach auszudecken -, da kann de Familljeministère Demandé kréien. An en huet méi wéi 300 Demandé kritt. D'Entreprisé kënnen sech un de Ministère des Classes moyennes wenden. An do hu mer ronn 80 Demandé kritt. Dat geet alles sai Wee. Wéi gesot, eng ganz Rétsch vun deenen Demandé si scho positiv aviséiert ginn.

Mee ech mengen, déi méi generell Fro, déi den Deputéierte Margue stellt, an déi ass, mengen ech, och wierklech fundamental, dat ass: Vu dass mer an enger Klimakris sinn ... Ech hu mer iwwerhaupt virgeholl - ech soen dem Här Margue dat haut -: Ech gebrauchen dat Wuert „Klimachangement“ oder

„Changement climatique“ iwwerhaupt net méi! Dat Wuert nervt mech. An ech soen lech, firwat et mech nervt: well een do d'Perspektiv gëtt, dass do eppes amgaangen ass. Mee et ass net eppes amgaangen, et ass eppes do! D'Crise climatique ass do! A wann een nach ëmmer vu „Changement climatique“ schwätzt, da gëtt een esou dat Gespier: Majo, mir hu bis 2050 Zäit. Dat ass guer net wouer! Mir si scho matzen dran! An déi Diskussioun, déi mer haut hunn, déi hu mer jo dowéinst, well déi Tempëten, déi Stierm, déi Iwwerschwemmungen, majo, déi sinn alljoers bal do. Also: Mir sinn an enger Klimakris, also mussen mer handelen.

Also ech sinn an der Diskussioun mat der ACA fir ze kucken, inwiefern een hir „optionell“ Assurancen, wéi Der se richtegerweis genannt hutt, kann ausdeenen. Ech géif et emol „ausdeenen“ nennen, well wann ech elo dee Verglach do e bësse ka maachen: „Obligatoresch“ Assurancen erënnert mech un eng Debatte, déi mer jo vill hunn: obligatoresch Vaccinationen! Mir liewen an enger Zäit, wou d'Leit dat net méi esou gärden hunn! Ech weess, dass et net dee selwechte Sujet ass.

Mir hu gekuckt, wat et an deenen anere Länner gëtt. A Frankräich, an der Belsch ënner anerem, do hu se dat un d'Assurance incendie ugehaangen. An an der Belsch och nach ugehaangen, wann een e Crédit hypothécaire mécht. Ech mengen, dat si ganz interessant Pisten, grad d'Assurance incendie, mee och de Crédit hypothécaire. Wann ee jo e Kreditt opheft, fir en Haus ze kafen, fir do dann d'Assurance matzemaachen, dat kann och eng interessant Pist sinn.

An dann, mengen ech, ass d'Fro gestallt ... De Moment, wéi mer dat hei zu Lëtzebuerg maachen, dat ass lech jo net entgaangen, dass d'Regierung gesot huet: „Mir mobiliséieren op d'mannst 100 Milliounen Euro, fir dee Schued do ze beheiven.“ Mee déi 150 Milliounen, dat ass, fir de Privatleit, déi e Schued haben, entgéintzekommen, dat ass, fir den Entreprises entgéintzekommen, mee dat ass awer och, fir alleguerten déi Schied, déi d'Infrastrukturen am Land an d'Gebailcheeten am Land erlidden hunn, fir dat ze flécken, fir dat neizemaachen. Dat heescht, dat ass eng relativ pauschal Approche, déi mer de Moment hunn.

Et gëtt Länner, déi hunn e Fong fir Catastrophes naturelles. Ech mengen, Frankräich huet dat, aner Länner hunn dat. Ech schléissen dat net aus! Wéi dee Fong awer gespeist gëtt, dat schéngt mer déi richteg Fro ze sinn. Soll do de Staat ganz eleng soen: „Ech setzen elo Milliounen dran“? Ech mengen net! Mir sollen an engem System sinn, dee mat der Assurance verbonnen ass. Et couvriert een e Risk. An ech mengen, et misst ee mam Secteur beschwätzen, wéi een dat kéint maachen.

Da stellt sech ... An dat ass da meng lescht Remark oder mäi leschte Kommentar, dat ass follgenden: D'Assurancen, an Dir hutt et och richteg gesot, hunn elo eng Assurance ugebueden, déi u sech ganz bëlle ass. Fir de Wäert vun 100.000 Euro ongeféier ze assuréieren géint e Stuerm, géint eng Catastrophe naturelle, kascht et lech zwëschen 20 an 30 Euro. Dat ass e gutt Geschäft! A wann ech elo am Fall wär an ech dat net hätt, géif ech mech drop stierzen, mech ze assuréieren: fir 20, 30 Euro mat 100.000 Euro, déi couvriert sinn. Mee mir wëssen, an Dir hutt et selwer gesot: Dat ass ze bëlle ugesat ginn, well d'Assurancé geduecht hunn: „Dat do geschitt all Schaltjoer“, wat weess ech, „all zéng Joer emol, esou eng Katastroph.“ An elo stelle mer fest, dass et bal alljoers ass. Dat heescht, déi Rechnung geet jo net op!

Dofir huet den Assurancësektor, fannen ech, en toute clarté, kommuniquéiert a gesot: „Mir kënnen déi Primmen net esou déif halen.“ Dir hutt lech d'Fro gestallt, wat dat heescht: „Mir ajustéieren se.“ Also si ajustéieren, dat kann ech lech virussoen, déi Primmen net no ënnen! Wann d'Garantië solle bleiwen, wéi se sinn, an ëmmer méi Schued kënn an ëmmer méi Crise-climatiqué sinn, jo, da kënnen d'Primmen nëmmen eropgoen. Dat schéngt mer evident ze sinn.

Dat ass e Problem, dee mer müssen erkennen. An dofir och d'Räsonement: Wéi kann de Staat intervenéieren, fir dass dat vläicht méi attraktiv ka gemaach ginn oder manner deier?

An dann hu mer eng zweet Saach, déi därer ee guer net vergiesen, dat ass, dass de Moment de System opgebaut ass op Zones inondables a Zones non inondables. Kann een deen Ënnerschied nach maachen? Déi éischt Echoen, déi ech vun den Assureuren kréien, sinn: „Abstrakt, viru fënnf Joer, huet déi Distinction nach Sënn gemaach.“ Haut menge si - menge mir och als Regierung, mengen ech -, dass déi Distinction artificiel ass an eis net weiderhéift an dass mer warscheinlech eng Solidaritéit um Niveau vum ganze Land brauchen.

Well wann een e Stuerm huet - de Stuerm kann am ganze Land herrschen, an en Tornado och. An dat ass net onbedéngt ... D'Degate sinn net nëmme verbonden en fait mam Waasser - si kënnen jo mam Wand verbonne sinn. Bref, mir müssen eng Reflexioun maachen. Déi leeft de Moment. A mir





wäerten lech och do reegelméisseg au courant halen. Mir kënnen dat vläicht an der Commission des Finances et du Budget maachen, an der Cofibu, oder an enger anerer. Mee ech kann lech soen: Mir schaffe ganz aktiv drun!

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Finanzminister.

### 13. Question élargie n° 117 de M. Laurent Mosar au sujet de l'attractivité de la place financière

Mir kommen elo zur erweiterter Fro Nummer 117 vum Här Laurent Mosar iwwert d'Attraktivitéit vun der Finanzplaz. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Finanzminister ... Et wär vläicht gutt, wa mer dem Här Finanzminister awer d'Geleeënheet géife ginn, sech ze setzen?

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, hien héiert lech gutt.

■ **M. Laurent Mosar** (CSV).- Hien héiert iwwerall. Et ass gutt. Merci, Här President.

Ech wollt de Mëtten eng Fro iwwert d'Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz stellen, an dat eigentlech aus dräi Grënn.

En éischte Grond ass, datt virun enger Rei vu Wochen en internationalen Index erauskomm ass, dat ass de Global Financial Centres Index - dat ass ee vun deene ganz, ganz wichtegen an deene ganz groussen Indexen -, deen zweemol am Joer erauskënnt an deen elo iwwer ee Joer aus Lëtzebuerg vun der 12. Plaz op déi 23. zrëckgesat huet, also eelef Plazen innerhalb vun engem Joer. Mir kréien an deem Financial Centres Index keng ganz gutt Zensur. Ech wëll elo net an den Detail vun där Zensur goen. Mir kréien awer haaptsächlech eng ganz katastrophal Zensur um Niveau vun de FinTechen, well do si mer „unter ferner liefen“, wat natierlech net ganz gutt ass.

Elo sinn ech kee Fetischist, Här Minister, vun all deenen Indexen. Well ech weess, et gëtt där enger an et gëtt där anerer. Nach ass dat heiten awer ee vun deenen, déi ech elo emol géif als méi seriös aklasséieren. An duerfir, mengen ech, kann een dat awer net einfach esou laanschtgoe loossen.

En zweet Element awer, an ech mengen, do si mer mat konkreeten Zuele befaasst, dat ass, wat d'Kierperschaftssteuer och am Budget fir d'nächst Joer ugeet, datt déi ganz besonnesch och um Niveau vun der Finanzplaz stagnéiert. Déi Diskussioun hate mer och scho mat der Steierverwaltung elo am Kader vum Budget, eppes, wat engem natierlech dann och muss Suerge maachen.

An eng drëtt Ursaach ass eigentlech déi: Do wëll ech op eng Ausso zrëckkommen, déi den Här Nicolas Mackel gemaach huet, senges Zeechens Chef vu Luxembourg for Finance, wat en exzellente Mann ass, deen d'ailleurs e super Job mécht, wëll ech och elo mol eng Kéier hei ënnersträichen, an duerfir lauschteren ech och ëmmer opmierksam no, wann den Här Mackel esou moies um Radio ass an do Aussoe mécht. An do huet den Här Mackel gesot, datt am Moment déi ganz Situatioun vun de Finanzplaze sech ganz staark géif veränneren an datt mir eis och hei zu Lëtzebuerg net op deem Erreichte kéinten ausrouen. Ech huelen un, „sech net um Erreichten ausrouen“, dat adresséiert sech natierlech och un de Secteur selwer, mee et adresséiert sech awer och fir mech un eng Regierung, déi dofir jo eigentlech och muss de legale Kader schafen.

An aus deenen dräi Grënn wollt ech lech eng Rei vu Froe stellen, fir d'éischt fir ze héieren, wat Är Interpretatioun souwuel vun deem Index wéi awer och vun de Budgetszuelen ass.

Zweetens: Wann esou Indexe publizéiert ginn - wéi gesot, ech wëll elo net op de Bien-fondé do goen -, sinn déi och net onbedéngt ganz gutt fir d'Reputatioun vun der Finanzplaz, wa mir do esou vill Plaze verléieren.

Drëttens wollt ech froen, ob déi Iwwerregulatioun, an dat ass och eppes, wat mer schonn oft hei an deem Haus beschwat hunn, op europäeschem Niveau net awer amgaangen ass, e Problem, an net nëmme fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg, mee fir all europäesch Finanzplaze par rapport zu aneren, ze kréieren. An da kënnt och déi ganz Diskussioun am Kontext vum Brexit, wou London amgaangen ass, sech ganz aneschters an nei opzustellen.

Dann, wat d'Attraktivitéit betrëfft, och nach, mengen ech, ee Problem, wou ech wollt e bëssen Äre Feeling kréien, dat ass, datt et ëmmer méi schwéier gëtt, och dat qualifizéiert Personal hei op eis Banken- a Finanzplaz ze kréien.

Dann eng Fro: déi vun der Minimalbesteuerung, déi jo soll kommen, wat eigentlech eng ganz gutt Saach ass, déi mir och begrëissen. Nach stellt sech

awer d'Fro, wat déi Minimalbesteuerung, wa se dann esou kënnt, wéi se geplangt ass, eventuell och ka fir Konsequenze fir d'Finanzplaz hunn. Ech weess, datt d'Äntwert net ëmmer ganz einfach ass. Trotzdeem wollt ech lech d'Fro stellen.

Dann eng Fro iwwert d'FinTechen: Wéi gi mer do virun? Firwat kréie mer do déi relativ schlecht Zensur an deem Global Financial Centres Index ausgestallt?

An dann eng lescht Fro, wat d'Kommunikatioun betrëfft. Ech mengen, et ass och wichteg, wéi ee kommunizéiert, och no baussen. Duerfir nach eng Kéier: Wéi ass och d'Kommunikatioun vun der Regierung generell, wat d'Attraktivitéit vun der Finanzplaz ugeet?

Ech soen lech Merci fir Är Äntwerten.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert, an dat ass nach eng Kéier den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Ech mengen, d'Fro vum Deputéierte Mosar kënnt an engem ganz opportune Moment.

Ech hat mat menger Ekip hei fënnef Säite virbereet an ech wäert och doranner Saache fannen. An dann hunn ech elo all Är additionell Froen hei drënnerggeschriwwen. Dir gesitt, et ass net einfach, fir an zéng Minutten dat dōten alles ze traitéieren.

Zum Éischten: Dir hutt Recht, dass de Global Financial Centres Index e wichtegen ass. Mir suivéieren deen. An ech muss lech soen: Et ass ee vun deene besseren. En huet e groussen Nodeel: En ass extreem volatil. Also, zwielef ass dat Besch, wat mer jee ware weltwäit. An dat ware mer virun engem Joer. A wann Der mech op Anhieb fro: „Wat hu mer dann an deem Joer gutt oder schlecht gemaach?“, oder: „Wat ass geschitt op der Finanzplaz, wat géif erklären, dass mer vun der 12. Plaz an engem Joer op déi 23. gefall sinn?“, ech muss lech éierlech soen, ech hunn do keng Äntwert drop!

Natierlech déi eenzel Kategorien, dat sinn 156 Froen, déi an deem Survey do gestallt ginn. An do sinn der iwwregens 40, wou se iwwer Lëtzebuerg iwwerhaupt näischt soen, well si soen: „Do fanne mer keng Statistiken.“ Oder se si stänneg anescht. Zum Beispill beneficiéiert Edinburgh vun der gudder Konnektivitéit vu London als Flughafen. Do gëtt da gesot: „Jo, Edinburgh ass ganz liicht ze erreechen, well London e ganz effikassen a grouse Flughafen ass.“ Jo, menger Meenung no ass Edinburgh net besser erreechbar wéi Lëtzebuerg, ech géif souguer mengen, nach vill méi schlecht fir d'Kolleegen, déi op d'COP26 geflu sinn. Déi wäerte gemierkt hunn, wéi einfach et ass, op Glasgow oder Edinburgh ze fléien! Enfin, just fir ze soen. Mee ech mengen, d'Volatilitéit ass dat, wat mech am meeschte stéiert an där ganzer Saach, sou wéi mer eis virun engem Joer hätte kënne freeën, dass mer 12. sinn, an haut elo e bëssen traureg sinn, dass mer 23. sinn.

Dovunner ofgesinn, mir kucken dat awer ëmmer. An an där ganzer Volatilitéit, déi mer hunn, si mer awer am Fong geholl säit Joerzénngen, an ech géif soen, an deene leschten zéng Joer, ëmmer bei den Top-Fënnef-Finanzplaze vun Europa. An do ass awer eng gewësse Konstanz.

Nun, an der Tëschenzäit huet déi selwecht Institutioon ..., also déi, déi deen Index do ausrechent, mécht och e Global Green Financial Index. An do si mer d'Nummer fënnef op der Welt an d'Nummer zwee an der EU. Och dat ass scho bal e bëssen en contradiction, wann ee weess, wéi wichteg soute-nabel Finance sinn a wéi vill mer eis jo doranner positionéieren. Et ass eng vun de wichtegsten Achse vun eiser Aktivitéit vun Diversifikatioun vun der Finanzplaz selwer.

An ech kéint der nach vill opzielen. Mee ech zielen der elo nach just zwou op: Luxembourg for Finance, wou Der ganz gentil Wieder fir den Här Mackel fonnt hutt, deenen ech nëmmen zoustëmme kann - an iwwerhaupt, Luxembourg for Finance, do ass eng super Ekip, déi maachen eng ganz gutt Aarbecht! - Luxembourg for Finance mécht reegelméisseg eng Enquête beim Secteur selwer. A si ass elo just erauskomm - ech weess net, ob Der se gesinn hutt - an doranner fanne justement mat engem Ecart vun engem Joer déi, déi do gefrot gi sinn, elo zu 60 %, dass et op der Finanzplaz relativ gutt ausgesäit, dass d'Zukunft plutôt besser ausgesäit, wéi se geduecht haten, an dat sinn 10 % méi, oder 9 % méi wéi virun engem Joer. Dat ass jo och en contradiction, mee dat soen eeben d'Leit, déi op der Finanzplaz selwer schaffen.

An Dir hutt - an dat ass da schonn eng partiell Äntwert op eng vun Äre leschte Froen - vun der Attraktioun vun den Talenter geschwat, an do ass de Global Talent Competitiveness Index, dee vun der INSEAD gemaach gëtt, och virun zéng Deeg, mengen ech, erauskomm. An do si mer Nummer

aacht an der Welt. An déi schreiwen dran, dass am „talent attraction“ Lëtzebuerg d'Nummer eent ass! Ech fannen dat super, dass mer Nummer eent sinn. Mee ech hunn awer och e bësse Misär, fir dat gutt ze verstoen, a wellecher Hisiicht mer Nummer eent sinn, well wann ech mat Acteuren vun der Finanzplaz schwätzen, ass eng vun den éischte Saachen, déi si mer soen: „Mir fanne keng Leit!“ An hei si mer Nummer eent dran. Bon, comme quoi.

Dat gesot, ech hunn elo wéinst dem Covid net vill Geleeënheet gehat fir ze reesen, Finanzmissiounen ze maachen, ech war awer um FMI zu Washington an ech war op New York. Dat Éischt, wat ech iwwerall erzielt kréien, ass Manktem u Personal. An Amerika, an Europa, iwwerall wou Der higt, an net nëmmen an de Restauranten oder an de Spideeler, mee och bei de Banken an de Fongen. Et ass natierlech esou, wann d'Ekonomie weltwäit an engem Coup, no enger Pandemie, sech erëm erkrabbeln an eng spektakulär Croissance ass, jo, da stellen d'Patronen iwwerall méi an. A wa se dat all matenee maachen, jo, dann huet een natierlech Enkpäss.

Wéi geet et dann eiser Place financière? Ech géif soen: raisonnablement gutt. An ech géif soen, plutôt besser wéi mer hätte kënne mengen no der Pandemie. Erënnert lech, am Mäerz vum leschte Joer war während 14 Deeg e bësse Panik op alle Mäert, do sinn d'Valeure vun den Avoiren iwwerall gefall, awer nëmme während 14 Deeg, an dann huet alles sech erëm erkritt. Haut sinn d'Avoiren, déi duerch d'Fongendustrie geréiert ginn, hei zu Lëtzebuerg op 6.500 Milliarden Euro geklommen, dat ass Rekordniveau, an ech mengen, do gesäit een, dass déi Pandemie en fait keen dauerhaften Impakt op eis Finanzplaz an op d'Finanzmäert hat, wat e groussen Ënnerscheid ass natierlech zu der Kris vun 2008 an 2009.

Wann ech elo d'Croissance op de Fongegeschäfte kucken, ass et, mengen ech, impressionnant ze gesinn, dass mer ganz vill Zouwuess hunn a soute-nabelen Aktivitéiten, a soute-nabelen Aktivaen. A 44 % vun allen Aktivaen, déi nohalteg sinn, sinn op Lëtzebuerg an eis Fongenindustrie komm. Ech mengen, dat ass eng remarkabel Zuel. Dat mécht mech och ganz frou.

En aneren Indicateur, deen ech ganz gutt fannen, an dat erlaabt mer dann och, op déi Fro mam Brexit ze äntwerten ... Mir hate jo mam Brexit en Test grandeur nature vun der Attraktivitéit vu Lëtzebuerg, en fait vun der Attraktivitéit vun alle Finanzplazen. An dozou kann een zwou Saache soen: Wat fir eng sinn d'Finanzplazen, déi d'Gewënner waren? Eh bien, do gëtt et och vill Statistiken, mee Lëtzebuerg ass ëmmer an den Top Dräi, egal wat fir eng Statistiken ee kuckt. A mir hunn ongeféier 80 Acteuren op Lëtzebuerg ugezunn oder verschiddener, déi schonn hei waren, hu sech substanzuell verstärkt. Dat wär net geschitt, wa mer net attraktiv wären, an ech wëll ënnersträichen, ech hunn dat hei schonn e puermol gesot: Mir hu keng extra Mesuré geholl. Mir hu keng Steiermoossname geholl. Mir hunn net de rouden Teppesch ausgeluecht. Net, well mer dat net hätte kënne maachen, mee ech wollt wierklech testen: Si mer da wierklech attraktiv? An hätte mer missen extra Mesuren huelen, dann hätt dat jo geheescht, dass mer net attraktiv sinn.

Also ouni dat ze maachen, hu mer jo do e relativ gutt Resultat erreecht. Wéi gesot, mir leien do an den Top Dräi bei verschiddenen. Zwëschent 17 % an 20 % vun der ganzer Aktivitéit, déi sech relokaliséiert hunn, wären op Lëtzebuerg komm. Mir wëssen, dass dat am Beräich ass vun den Assurances dommages, dass dat am Beräich ass vu Gestion de fortunes an dass dat am Beräich ass vun de Fongen. Dat sinn déi dräi Haaptdomänen, wou mer staark sinn.

An dann e leschte Punkt ... Nee, ech bleiwe vläicht ee Moment nach beim Brexit, well Der mer do eng Fro gestallt hutt. Ech weess net, ob Der haut gelies hutt, dass Royal Dutch Shell gesot huet, si géifen dann elo hire Sëtz vun Holland op London plënnere. D'Hollänner maachen nach esou e leschten Effort, fir se awer dann do ze halen, fir se do unzanken. Ech weess net, ob dat hinne geléngt. Mee dat ass e ganz interessant Beispill, well d'Veeneegt Kinnekräich jo keng Retenue à la source huet op den Dividenden, scho laang net méi, an Holland huet eng. Déi meescht Länner hunn eng, mir hunn och eng. Dat gëtt fir mech e ganz interessanten Test, wéi mer mat UK, mat England wäerten an Zukunft fueren als EU.

D'Kommissioun wäert sech elo doriwwer opreegen, dass dat dote geschitt, mee d'Veeneegt Kinnekräich ass nun eeben net méi an der EU a si kënne maachen, wat se wëllen. Ech muss lech soen, op där anerer Säit kann all Land an Europa e bësse maachen, wat et wëllt op verschiddenen Tauxen, déi eebe fräi sinn. Mee et gesäit een, an dat hate Verschiddener jo komme gesinn, dass d'Veeneegt Kinnekräich versicht, mat alle Moyenen déi Schwächung, déi London wéinst dem Brexit krut, mat extrae Mesuren ze kompenséieren. Mee kommt, mir sinn awer och elo net ze vill pessimisteschedoriwwer!

An dat ass jo och eng aner Fro, déi Der mer gestallt hutt: Wéi ass dat elo mat der neier Steuerlandschaft? BEPS, OCDE, déi zwee Pilieren, wou jo elo en Accord um Weltniveau geschitt ass, do wäerte jo eng ganz Rëtsch Saachen iwwerhaupt net méi méiglech sinn. Do kënnt jo och eng Minimalbesteuerung. Jo, wann eng Minimalbesteuerung kënnt, da si vill Saachen net méi méiglech. Zu dëser Minimalbesteuerung - déi trëfft natierlech och d'Services financiers an d'Banken an esou - wëll ech awer och soen, dass am Pilier 1 de Secteur bancaire ausgeschloss ginn ass. An do hate mer eis als Lëtzebuerg ganz staark derfir gemaach. An ech si frou, dass dat ons gelungen ass.

Also, de ganze Kontext Brexit huet e Mouvement an déi ganz Saach bruecht, wou mer nach net um Enn sinn. Mee bis elo ass Lëtzebuerg ee vun de Gagnanten. Doriwwer kann ee sech freeën.

Wann Der erlaabt, Här President, huelen ech nach eng, zwou Minutten, da kann ech bal op all d'Froen vum Deputéierte Mosar äntworten. De Personnel qualifié hat ech ugeschwat, mat där Enquête. D'Taxation minimale hunn ech och elo ugeschwat. Do bleift nach d'Baisse des impôts, also d'Recetten, FinTech an d'Kommunikatioun.

Zu der Baisse des recettes fiscales bei den Entrepreneurs: Mir haten tèschent ... Ech soen dat elo aus dem Kapp eraus, ech mengen, bis 2016 oder 2017 war den Impôt sur le revenu des sociétés, d'Kierperschaftssteuer, flaach, déi ganzen Zäit flaach. A si ass déi lescht dräi, véier Joer spektakulär eropgaangen. A si war flaach bei 1,6 Milliarden. Dat kënnt Der nokucken. Dir wësst dat warscheinlech och nach. A mir konnten eis iwwerhaupt net erklären, firwat se esou flaach war. Well et geschéien ëmmer positiv Saachen, negativ Saachen an der Wirtschaft - mee si war flaach. An dann ass se op zwou Milliarden eropgaangen. An d'lescht Joer oder d'virescht Joer war se op 2,6 Milliarden. Dat heescht, mir haten do e Phenomeen an dräi, véier Joer, do sinn eng Milliard Steiere bei de Gesellschaften bäikomm. Wann déi elo erëm e bëssen zrëckginn, da soen ech lech, dat muss een natierlech analyséieren, ech géif awer doraus elo net direkt eng dramatesch Konklusioun zéien. Vläicht ware just speziell Evenementer an deenen zwee, dräi Joer, déi ee misst hannerfroen. Mee dat muss een natierlech suivéieren.

Zu de FinTechen: Ech kann lech soen, dass souguer am Joer 2020 an am Ufank vun 2021, wéi mer jo matten an der Pandemie waren, 10 % nei Gesellschaften vu FinTech am Luxembourg House of FinTech, am LHOFT, komm sinn. Mee mir hunn elo do iwwer 80 Gesellschaften. Viru fënnef Joer hate mer nach keng oder net vill. Dat ass also eng gutt Noriicht. Mir sinn och den Hub, de Gateway, fir zwee schéin englesch Wieder ze gebrauchen, fir de Paiement électronique an Europa. Dat si mer nach.

Kommunikatioun: Jo, mir hunn eng grouss Campagne d'lescht Joer gemaach, eng Campagne bannen a Lëtzebuerg, fir de Leit ze erklären, wéi wichteg d'Finanzplaz ass fir eis Wirtschaft - nee, net nëmme fir eis Wirtschaft! -, fir eist soziaalt Netz ze finanzéieren, fir eis Liewensqualitéit ze garantéieren. Dat verdanke mer der Finanzplaz! Wa mer do géife kucke goen - dat kann een erausfannen, dat ass kee Staatsgeheimnis, da muss een dat anonymiséieren -, wéi vill vun deene ronn zwou Milliarde vum Finanzsektor bezuelt ginn, da wësst ee genau, wou dat alles hierkënn.

Mir versichen, an der Kommunikatioun mam Ausland esou zilgerecht ze si wéi méiglech, iwwerhaupt net arrogant ze sinn, well wa mer do arrogant sinn, da schléit dat zrëck. An ech mengen, grad dee Succès, dee mer och am Kontext Brexit haten, dozou hutt Der mech net oft héieren, e puermol heibannen, mee dobaussen hunn ech net vill driwwer geschwat, well ech wëll d'Leit net neidesch maachen. De Moment geet et nach gutt, a mir mussen natierlech weider Efforte maachen, fir eis ze diversifizéieren. A mir wëssen, dass d'Konkurrenz net schléift!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Finanzminister. An ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zrëck un den Här Mosar.

■ **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, merci. Merci och dem Finanzminister fir déi ganz extensiv an och, en gros, ganz zefriddestellende Äntworten. Ech deelen och op ganz ville Punkte seng Analys. Awer trotzdeem nach eng Kéier zwou Prezisiounen, wat d'Kierperschaftssteuer betrëfft - an hei sëtze vill eminent Membere vun der Finanzkommissioun -, do ass a sech gesot ginn, datt déi Stagnatioun, zwar op héijem Niveau, a sech och op de Finanzsektor zrëckzeféieren ass, datt et elo net generell d'Entreprisé sinn, mee d'Madamm Steierdirekter huet gesot, et géif ee scho mierken, datt et do zu engem gewëssenen Tasement géif kommen.

A si huet dat selwecht och gesot, wat Dir elo gesot hutt, Här Finanzminister, datt ee sech am Moment nach net d'Ursaachen dovunner kéint erklären. Mee just awer, fir déi ganz Saach an dee richtege





Kontext ze setzen: Et ass also net generell, mee et schéngt wierklech hei um Niveau vun der Finanzplaz eng gewësse Stagnatioun ze sinn. An ech mengen, duerfir ass et wichteg, datt een dat doten awer ganz genau am A behält.

Zweetens: Dir hutt mer op eng Fro net geäntwert, déi awer net onwichtig ass an déi och e bësse mam Brexit a mat de Konsequenze vum Brexit ze dinnt huet, dat ass déi, wat ech emol géif nenne „relativ lwwerregulatioun“, déi sech am Moment international a ganz besonnesch um Niveau vun der EU mécht. An ech mengen - an dat hutt Dir an ech och ëmmer gefaart -, datt eeben d'City of London justement do an déi doten Nisch géif erasprangen, fir vun där lwwerregulatioun ze profitéieren a fir do einfach ganz villen Investisseuren eebe Saachen op méi eng einfach Aart a Weis unzbidden, wéi mir dat am Moment um Niveau vun der EU kéinte maachen.

Duerfir awer do nach eng Kéier meng Fro, ob een net awer misst lues a lues och zu Bréissel e bësse géigesteieren. Dat heescht net, datt mer alles sollen erëm zrëckdréien, mee e bësse géigesteieren, fir awer och där doter neier Situatioun Rechnung ze droen.

Merci.

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, Dir hutt ganz Recht. Deen zweete Punkt - ech hat en opgeschriwwen an deen hat ech elo nach vergiess -, ech sinn och ganz frou, nach dorop ze äntwerten.

Mee virdu vläicht nach zur Kierperschaftssteier: Ee Phänomeen, deen 2020 geschitt ass, deen ass, mengen ech, relativ einfach nozevollzéien, an dat ass, dass natierlech d'Banken an deem verréckte Joer 2020, mat Lockdown an allem, ganz héich Provisiounen gemaach hunn. Dir wësst och, dass d'Banke jo Moratoire ginn hunn an esou weider. An d'Banken hunn natierlech ganz staark Provisiounen fir 2020 drageschriwwen. An dat reduzéiert natierlech hire Benefiss mechanesch!

Ech kann lech awer elo scho soen - bon, elo si mer jo Enn 2021 -, dass ech vu ville Banke gesot kréien an och vun den Ekippe gesot kréien, dass den Impact vun der Pandemie vill méi kleng war, d'Failliten och méi kleng waren, och well de Staat dat alles ofgefiedert huet, oder ganz vill ofgefiedert huet, dass also déi Provisiounen wäerten erëm opgeléist ginn. A wann dat dann och wierklech sech komplett esou ausféiert, da kéint et jo och sinn, dass dat wierklech nëmme passager war an dass et net e strukturelle Phänomeen war. „Et kéint sinn“, ech muss do de Conditionnel gebrauchen.

Zu der lwwerregulatioun, e grouse Sujet! Jo, eng intelligent Regulatioun ass u sech haut onabdéngbar. Mir kommen - dat geet et bësse méi wäit zrëck - vun enger Pendelsituatioun, wou esou vill dereguléiert ginn ass an de leschten, elo net méi an de leschte fënnel, siwe Joer, mee do virdrun an deenen 20 Joer, esou vill dereguléiert ginn ass, dass mer jo och d'Finanzkris vun 2008 kruten. An dee Pendel ass amgaangen, weider elo an déi aner Richtung ze goen. A mir ginn an eng Zon, déi e bësse geféierlech ass: wann een iwwerreguléiert. Zemoos, dat ass jo e bëssen eng Manie vun Europa, fir vill ze reguléieren.

Mee eng intelligent Reguléierung kann och e Virdeel sinn! Zum Beispill am Paiement, am Paiement électronique huet Europa déi sophistiquéiertst Regulatiounen. A mir kréie vu villen Acteuren gesot: „Doduerch, dass Dir déi hutt an Europa, majo, sinn do ganz vill Acteuren, déi sech och grad an Europa nidderloossen, fir och eng Lizenz ze kréien, fir dass dat Ganzt an engem Kader sech ofspillt, dee kloer ass.“ Wouvu Lëtzebuerg da beneficiéiert huet; mee Dir hutt Recht: Et besteet e Risk vun lwwerregulatioun.

Mee dozou muss een awer nach zwou Saache soen. Dat eent ass: Wéi reguléiere mer d'digital Finanzwelt? Do ass eng Direktiv, déi heescht DORA - dat ass fir all déi Avoiren, déi digital sinn, Cryptomonnaien an esou -, do ass eng Direktiv amgaang verhandelt ze ginn. Déi wäert et vläicht bis Enn des Joers oder Ufank d'nächst Joer definitiv ginn. Och do gi mer an Neiland eran. A fir ze wëssen, ob dat elo eng gutt Saach ass, dass Europa dat reguléiert, oder eng schlecht Saach, do tendéieren ech awer plûtôt dozou ze mengen, dass et gutt ass, dass een dat e bësse reguléiert. Dat kann engem en Avantage compétitif ginn. Et gëtt aner Regulatiounen, déi ze wäit ginn.

An deen zweete Sujet, dee ganz wichteg ass, ass den Anti-blanchiment. Um Anti-blanchiment gëtt elo vill geschafft. Och do ass eng Proposition de directive. Do soll jo eng Agence européenne geschafe ginn. Mir ënnerstëtzen als Lëtzebuerg, dass eng Agence européenne soll gemaach ginn. Dat garantéiert, mengen ech, e Level-Playingfield, dee mer brauchen. An dat geet awer a Richtung vill méi Regulatioun. Dofir, ech wëlt net pauschal soen, dass een dergéint soll sinn.

An da musse mer op eppes oppassen: Dir hutt Länner, déi wëllen ëmmer méi reguléieren, an Dir hutt Länner, déi wëlle méi liberal sinn. England war jo

typesch e Land, wat méi liberal ëmmer wollt sinn. A mir als Lëtzebuerg géife soen: „Wat mer wierklech wëlle verhénnere, dat ass, dass Mauere ronderëm de Marché intérieur gebaut ginn.“ Dovunner ofgesinn, dass souguer am Marché intérieur heiansdo versicht gëtt, d'Saache méi schwéier ze maachen. Mee mir wëlle keng Mauere ronderëm de Marché intérieur, well dat géif der Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz an der Attraktivitéit vun Europa schueden.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci Här Finanzminister Pierre Gramegna.

## 14. 7867 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'État du Koweït tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, faite à Luxembourg, le 11 décembre 2007, ainsi que l'Avenant, fait à Luxembourg, le 25 mars 2021, modifiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'État du Koweït tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, faite à Luxembourg, le 11 décembre 2007

Dee leschte Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7867, eng Konventioun tëschent Lëtzebuerg an dem Kuwait am Beräich vun der Besteuerung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapporteur vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech versichen, et relativ kuerz ze maachen, fir Är Zäit net ze vill ze strapazéieren.

Steiergerechtkeet um internationale Plang, dovunner gëtt oft geschwat. Et ass fir vill Leit en deels emotionale Sujet. An dach finalement ass et e Sujet, deen immens komplex ass. Verbesserung ginn oft Juridictioun pro Juridictioun, Text pro Text ëmgusat. Dat brauch Zäit a Fangerspëtzegefyll.

Esou e Beispill sinn d'Duebelbesteierungsofkommissen, déi Lëtzebuerg mat anere Länner verhandelt huet. De Grand-Duché huet iwwer 80 där Konventiounen mat Staaten aus der ganzer Welt. Dozou gehéieren eis Nopeschlänner, awer och Staaten op där anerer Säit vum Planéit. Effektiv sinn d'Duebelbesteierungssaccorden e wichtege Bestandteil vun eiser Finanzpolitik. Iwwerdeems erlaben dës Konventiounen, déi bilateral wirtschaftlech Relatiounen ze stäerken.

Haut dierf ech lech an deem Kontext de Projet de loi 7867 fir d'Randifikatioun vun esou engem Ofkommes mam Kuwait virstellen.

Am Joer 2007 hunn d'Regierung vu Lëtzebuerg a Kuwait d'Konventioun géint d'Duebelbesteuerung a géint d'Steierhannerzéiung am Kader vun der Akommes- a Verméigenssteuer ënnerschiwwen. Dës Konventioun ass bis elo nach net ratifizéiert ginn, well entre-temps nach en Avenant ausgeschafft ginn ass. Dësen Avenant ass op ministeriellem Niveau de 25. März 2021 ënnerschrifft ginn.

Et geet drëm, d'Duebelbesteuerung ze vermeiden an och Steuerbedruch op d'Akommes ze verhënneren. Dat heescht, et gëtt vermidden, datt ee keng oder bal keng Steiere bezilt, also Steierevasioun oder Steuerbedruch mécht.

Den Avenant erlaabt et, fir de BEPS-Mesurë vun der OECD Rechnung ze droen. An notament den Artikel 26 ass ëmgeännert ginn, fir d'international Standarde beim Informationsaustausch ze respektéieren.

D'Konventioun bezitt sech op d'Besteuerung vum Akommes a Verméige vu Persounen a Sociéitéten, déi an engem oder an deenen zwee Länner ugisedelt si respektiv do ugemellt oder gegrënt gi sinn.

Et ass finalement eng equilibréiert Konventioun, déi Dispositiounen aus de Steuerregime vun den zwee Länner iwwerhëlt a gläichzäiteg den internationalen Normen Rechnung dréit.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum 28. September 2021 keng Observatioun um Fong gemaach. Och d'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum 14. Oktober keng Bedenken ervirgehewen an huet also hiren Accord fir dës Gesetzesprojet ginn. Deen Avis huet d'Finanz- a Budgetkommissionen leider eréischt erreecht, nodeems mir de schrëftleche Rapport schonn ugehall haten.

Fir weider Detailler verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Finalement dierf ech dem Här Finanzminister a senge Beamten aus dem Finanzministère souwéi

de Mataarbechter aus dem Parlament villmools Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht bei dësem Projet. D'DP-Fraktioun gëtt hiren Accord zu dësem Projet. An ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Rapporteur Guy Arendt villmools Merci a ginn d'Wuert weider un deen éischten ageschriwwene Riedner. An dat ass den honorabelen Här Laurent Mosar.

### Discussion générale

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, an ech fänken och u mat engem ganz grouse Merci un eise Spezialist an där Matière, de Guy Arendt, deen dat ëmmer op eng ganz prezis, awer verständlech Aart a Weis hei virbréngt. Duerfir him e grouse Merci. Mir wäerten och eisen Accord zu dësem Projet bréngen.

Ech wollt mer awer vläicht just eng Remark erlaben, déi elo manner hei mat där Konventioun ze dinnt huet, mee déi méi generell mat de Konventiounen ze dinnt huet. Mir hu virdrun hei iwwert d'Attraktivitéit vum Finanzsektor geschwat. Ech mengen, datt déi Duebelbesteierungsofkommissen ëmmer méi wichteg ginn, well déi och kënnen en Element vun Attraktivitéit a vu Kompetitivitéit ginn.

Duerfir mengen ech, datt et och wichteg wier, datt een déi vläicht nach méi reegelméisseg géif versichen op de Leescht ze huelen, och wann ech weess, datt dat net ëmmer ouni Risiko ass. Well wann een eppes op de Leescht hëlt, well ee wëllt eppes verbessert kréien, leeft een natierlech och ëmmer d'Gefor, datt een och emol eppes ka manner kréien, wéi ee virdrun hat.

Nach mengen ech, datt et awer, wéi gesot, en ëmmer méi wichtegt Element an Instrument gëtt, besonnesch an enger Welt, déi leider Gottes net ëmmer esou global fonctionéiert, wéi se misst fonctionéieren, mee awer nach op eenzel bilateral Accorde fokusséiert ass. An duerfir wollt ech nach eng Kéier vun der Geleeënheet profitéieren, fir den Här Finanzminister dofir ze sensibiliséieren, datt ee vläicht och an Zukunft nach méi intensiv sech generell mat deenen Duebelbesteierungsofkommissen beschäftegt.

Dat nach eng Kéier gesot, gi mir awer den Accord zu dësem Projet. An ech soen dem Här Arendt nach eng Kéier villmools Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. An d'Wuert geet weider un den honorabelen Här Claude Haagen.

■ **M. Claude Haagen (LSAP).**- Jo, merci, Här President. Mat engem Merci un de Rapporteur fir säi schrëftlechen a mëndlechen Accord ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, ... **(Brouhaha)**

... Här Haagen. An de Mikro ass elo fräi fir déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Villmools merci, Här President. Ech maachen et och kuerz. Ech wollt dem Här Guy Arendt villmools Merci soen an den Accord gi vun der grénger Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Lorsché. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech géif soen, datt ech mech an dësem Fall nëmme dem Merci un den Här Arendt kann uschlëissen. An d'ADR dréit dat hei mat. Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. An ech ka mech dem Merci just uschlëissen. A mir ginn och den Accord. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, merci, Här President. Ech freeë mech iwwert de Konsens iwwert dës Konventioun mam Kuwait, wou ech wëll ënnersträichen, dass mer eng Rëtsch finanziell an industriell Interëten do hunn. An dofir ass dës Netduebelbesteierungskonventioun eng wichteg.

De Fall hei beweist, wéi d'international Fiskaliteit iwwert d'Zäit evoluéiert huet, well d'Ufangsnegotiatioun geet zrëck op 2007. An do war nach ... Den Échange automatique gouf et net. Den Échange sur demande, deen ass 2008, 2009 komm. An de Kuwait wollt dunn dee Changement, wat den Échange sur demande ubelaangt, net maachen.

An der Tëschenzäit ass BEPS komm, 2015. An elo steet déi nächst a lescht Etapp virun der Dier vun der Transformatioun vun der internationaler Steuerlandschaft mat der OCDE hirem Accord fir de Pilier 1 a Pilier 2.

Dat heescht, mir maachen hei zwee Changementer. Dat eent ass d'Adaptatioun par rapport zu de Ree-

gele vun 2009, 2010. A mir maache schonn d'Adaptatiounen um BEPS, déi mer generell elo do eranhuelen. An am Fong geholl applizéiere mer dann elo déi neist Gesetzgebung, déi et haut gëtt, un de Kuwait.

An da profitéieren ech vun der Geleeënheet, well den Deputéierte Mosar dat ervirgestrach huet: d'Wichtigkeet vun den Netduebelbesteierungsofkommissen, dass déi géife méi wichteg ginn. Ech mengen, et ass gutt, dass mir e grouse Réseau vun esou Traitéen hunn. Mir hunn der 80 Stéck a mir hunn der eng ganz Rëtsch nach am Tüb. Mee déi müssen all evoluéieren.

Mam MLI, dem Multilateral Instrument vun der OCDE (ndlr: MLI, Multilateral Convention to implement tax treaty related measures to prevent base erosion and profit shifting), wat mir ugehall hunn, geschitt elo zu engem gewëssenen Deel eng automatesch - eng automatesch! - Transformatioun vu verschiddene vun deenen Accorden. Dat ass gutt! Do brauch een net erëm vu vir unzefänken.

An da wäert mat deenen neisten Traitéen, déi elo d'nächst Joer ausgeschafft ginn an déi sollten 2023 a Kraaft trieden iwwert de Pilier 1/Pilier 2 ... Do ass d'Iddi, dass dann déi nei Konventioun, Pilier 1/Pilier 1, wann déi da ratifizéiert gëtt, dass dat en fait iwwert deenen heiten Traitéen eng Roll spillt - Taxation minimum effective zum Beispill.

Dat heescht, dat ass e Sujet, dee mer elo nach laang wäerte matschleefen, deen evoluéiert. Mir hunn all Interêt, dass dat iwwer relativ breet Aart a Weisen, wéi dat elo virgeduecht ass vun der OCDE, ka geschéien, well soss misste mer jo all déi bilateral, déi 80 Stéck, amendéieren! Dat wär a kengem sengem Interêt. An et wär och net an eiselem Interêt als Lëtzebuerg, well verschiddener vun deenen Accorden, wéi Der richtig gesot hutt, verschiddener vun deenen Accorde si relativ avantagéis. A wa mer déi opmaachen, déi kréie mer net méi esou avantagéis negociéiert.

Bref, et ass gutt fir Lëtzebuerg, dass dat alles elo multilateral geschitt. An dat grefféiert sech dann op déi bilateral Konventiounen. Dat ass bal nach dat Besch, wat mer kënnen kréien. Domat erreeche mer e relativ groussen Niveau vu Level-Playingfield. An dat ass gutt fir d'Previsibilitéit.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Finanzminister Pierre Gramegna. D'Diskussioun ass elo ofgeschlossen.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7867. Den Text steet am Document parlementaire 7867<sup>2</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7867 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschlossen.

De Projet de loi 7867 ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmme ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

*Ont voté non: Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

**(La séance publique est levée à 18.17 heures.)**





## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Déclaration de M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire, suivie d'un débat

- Déclaration : M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire (intervention de M. Laurent Mosar)

- Débat : M. Paul Galles - M. Gusty Graas - Mme Lydia Mutsch - Mme Stéphanie Empain - M. Fred Keup - Mme Nathalie Oberweis (dépôt des motions 1 et 2) - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

- Motion 1 : Mme Lydia Mutsch - Mme Nathalie Oberweis - M. Paul Galles - M. Fred Keup

- Vote sur la motion 1 (rejetée)

- Motion 2 : Mme Lydia Mutsch - M. Paul Galles - Mme Nathalie Oberweis - M. Fred Keup

- Vote sur la motion 2 (rejetée)

**Au banc du Gouvernement se trouve : M. Franz Fayot, Ministre.**

*(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)*

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Franz Fayot**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*.- Nee, Här President.

### 2. Déclaration de M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire, suivie d'un débat

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Haut de Mëtteg presentéiert den Här Franz Fayot, Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten, eng Deklaratioun iwwert d'Entwécklungshëllef. Uschlëssend féiert d'Chamber eng Debatt.

Den Här Minister huet d'Wuert.

#### Déclaration

■ **M. Franz Fayot**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*.- Här President, léif Deputéiert, Excellences, Mesdames les Ambassadeurices, Messieurs les Ambassadeurs, Dir Dammen an Dir Hären, d'lescht Joer hu mer zesummen am Kader vu menger Deklaratioun vill iwwert d'Pandemie vum Covid-19 geschwat an hir verheerend Konsequenze fir d'Mënschen op der ganzer Welt.

Haut gesi mer Liicht um Enn vum Tunnel. Mir sinn nach laang net derduerch, mee mir si besser préparéiert op déi nächst Wellen an och de Wuesstum ass nees um Rendez-vous. Mir sinn institutionell a finanziell zolidd opgestallt, fir ons Wirtschaft ze stimuléieren an ons Impfcampagnen duerchzeféieren.

Déi Luucht ass awer fir verschidde Länner méi hell wéi fir anerer. Vill Entwécklungslänner hunn nach ëmmer kee gudden Zougang zu Vaccinen, an déi ekonomesch Relance bleift och oft nach schwaach. D'Pandemie huet e staarke Réckfall verursaacht a Saachen Aarmut, Educatioun, Ernährung, Sécherheet an a villen anere Beräicher. Loosse mer net vergiesse, dass méi wéi 100 Milliounen Leit an d'extrem Aarmut gefall si wéinst de Konsequenze vum Covid an eng 250 Milliounen Leit hir Aarbecht verluer hunn, ganz ze schweige vun de Milliounen Kanner, déi net an d'Schoul konnte goen an a ville Länner nach ëmmer net kënnen goen.

Wa fir ons den Distanzunterrecht schonn eng Erausfuerderung war, kënnst Der lech jo virstellen, wéi dat a Länner ass, wou d'Schüler kee Computer oder Tablet hunn an och oft keng oder wéineg Konnektivitéit an, vill schlémmmer nach, de Lockdown a miserabelen Heemer hu misse verbréngen.

Ech wäert mech ëmmer erënneren un déi enorm Freed an och d'Hoffnung vun deene syreschen a palästinensesche Flüchtlingskanner, déi ech am September zu Amman gesinn hunn, dass se endlech nees konnten an d'Schoul goen.

A wa bei eis de Lockdown ganz schwiereg war, da kënnst Der lech och virstellen, wéi eng Konsequenzen esou e Lockdown huet op Leit, déi a sougenannten Économies de survie liewen oder éischer iwwerliewen, dat heescht, déi all Dag schaffe ginn, fir hiert lessen dee selwechten Dag kënnen ze bezuelen.

Am Senegal zum Beispill ass um Ufank vun der Pandemie no dräi Woche Lockdown bal eng Revolutioun ausgebrach. Vill Leit wäre carrement verhéngert, wa se net méi hätten erausdierfen. « Ils se lèvent le matin et partent chercher à manger », esou de Responsabele vun enger ONG, wéi ech virun zwou Wochen am Senegal op Visitt war. Anerer deele sech eng Wunneng oder e Schlofzëmmer: Déi eng gebrauche se nuets a schaffen am Dag, an déi aner schaffen nuets a brauchen d'Wunneng an

dat selwecht Bett dann am Dag. Do ass einfach net genuch Plaz, fir am Lockdown zesummen doheemzebleiwen.

Glécklecherweis waren d'Infektiounszuelen am Senegal relativ niddreg, soudass d'Regierung dee Lockdown séier nees konnt ophiewen. Op menger rezenter Visitt konnte mir eis gutt Bezéiunge mam Senegal op enger Commission de partenariat ënnersträichen, an ech hunn och do direkt zousätzlech Ënnerstëtzung fir 2 Milliounen Euro zougesot. Dat verstärkt ënner anerem eis Zesummenaarbecht mam senegaleesesche SAMU an och zwou historiesch Infrastrukture vun der Lëtzebuerger Kooperatioun am Senegal, de Centre Hospitalier Abass N'dao an de Lycée technique de Thiès.

Während der Visitt konnt ech mech vun der Pertinenz vun eisem Fokus op d'Beräicher vun der Santé a vun der Formation an Insertion professionnelle am Senegal iwwerzeegen. Ech hat och d'Éier, de Centre régional de prise en charge holistique des victimes de violences sexuelles zu Ziguinchor, an der Casamance am Süde vum Senegal, anzeweien, deen zesumme vun der Lëtzebuerger ONG SANACCESS an der westafrikanescher ONG ENDA Santé, zwee laangjäreege Partner vun der Lëtzebuerger Kooperatioun, do konnt gebaut ginn.

D'Visitt war fir mech awer och d'Geleeënheet, fir mam President Macky Sall iwwert d'Zukunft vun onserer Kooperatioun kënnen ze diskutéieren an och iwwert déi generell Situatioun an der Regioun. Well wann de Senegal e séchere Pol an enger onstabiller Regioun ass, musse mer leider feststellen, dass d'Situatioun a ville Länner net besser ginn ass, ganz am Contraire. D'Sécherheetslag am Sahel spëtzt sech ëmmer méi zou, wat ons Zesummenaarbecht op der Plaz natierlech net méi einfach mécht. Ech kommen nach duerno eng Kéier dorobber zréck.

Mee och an anere Regiounen huele Krisen a Konflikter zou. D'Walen an Nicaragua de 7. November kann een natierlech net seriö huelen. Am Myanmar herrscht säit dem Militärputsch virun zéng Méint Gewalt a Chaos. An Äthiopien eskaléiert de Konflikt ëmmer méi. D'lescht Woch nach si 16 lokal Mataarbechter vun der UNO vun den äthiopischen Autoritéite festgeholl ginn. D'Situatioun ass do op engem Punkt ukomm, wou mir, gradewéi d'USA an aner Partner, onst sougenannt „net essentiel“ Personal vun der Ambassade zu Addis Abeba zréckgeholl hunn. Konkreet heescht dat, dass onsen Agent de la coopération zréck op Lëtzebuerg komm ass a just nach de Chargé d'affaires sur place ass.

Am Myanmar hu mer ons bilateral Kooperatioun gestoppt an d'Büroe vun onser Agence LuxDev zougemaach. Zanterhier ënnerstëtze mer am Myanmar awer nach humanitär Projeten, fir op d'Besoinen vun der lokaler Bevëlkerung ze äntweren.

An Nicaragua, wou mer scho säit 2019 keng direkt bilateral Kooperatioun méi hunn, mécht d'Degradatioun vun de Mënscherechter mer ëmmer méi Suerge. Lëtzebuerg, zesumme mat sengen europäesche Partner, condemnéiert den Oflaf vun de rezente Presidentschafts- a Parlamentswalen, an d'Resultater ginn an deem Sënn och net unerkannt. Mir wäerten dofir och an deem Land ab ufangs nächst Joer keen Agent de la coopération méi sur place hunn an ons iwwer eng méi regional Approche an Zentralamerika nei opstellen. Och dorobber kommen ech nach eng Kéier zréck. An Nicaragua selwer wäerte mer natierlech weider ons multilateral an ONG-Partner ënnerstëtzen, déi direkt de Besoinen vun der Bevëlkerung zeguttkommen. Mir loossen och do d'Leit net am Stach.

Nieft de Konflikter spillt natierlech d'Klimakris och eng ëmmer méi wichteg Roll. De Klimawandel stellt eng enorm Erausfuerderung a Bedroung fir d'Entwécklung duer: All Aspekt vun eiser Gesellschaft ass betraff, an dat Phenomeen wäert sech an Zukunft nëmmen nach verstärken.

Am Kader vun der COP26 hunn d'Entwécklungslänner, déi am vulnerabelste sinn a gläichzäiteg am

stärkste vum Klimawandel betraff sinn, e staarke Message geschéckt. Si brauchen dréngend Ënnerstëtzung, fir mat den Ëmwelt- a Klimakrisen ëmzegoen. Mir sinn do gefuerdert.

Dir Dammen an Dir Hären, et gesäit een, dass déi Aarm an déi Vulnerabel esou Situatiounen vill méi staark ausgeliiwert si wéi déi aner. De Slogan vun den SDGen, eisen Objectifs du développement durable, a vun onser Kooperationsstrategie „leave no one behind“, keen op der Streck loossen, ass haut also méi wichteg wéi jee a wäert och de roud Fuedem fir ons aktuell an zukünfteg Kooperationspolitik sinn a bleiwen.

Mee wat heescht dat, „keen zréckloossen“, an Zäite vu Krankheeten a Pandemien, an Zäite vu Klimawandel a vu Konflikter, grad ewéi an Zäite vun Ongläichheeten tëscht de Länner, tëscht de Schichte vun der Populatioun an och tëscht de Geschlechter? Konkreet heescht dat, dass mer ons Politicken an Aktiounen mussen iwwerdenke fir sécherzegoen, dass mer déi Leit erreechen, déi et am néidegsten hunn, an déi stärke, déi am vulnerabelste sinn. Ons geografeschen a themateschen Prioritéite bleiwe pertinent. Mee mir brauchen eng nei Approche fir eng méi nohalteg, eng méi resilient a méi inklusiv Entwécklung.

Fir deem entgéintzekommen, hu mer am Mee dëst Joer während den Assises de la coopération dräi nei Strategien lancéiert, déi zesumme mat all de concernéierte Partner ausgeschafft goufen an de Beräicher vum Klimawandel, vum Genre a vun der innovativer an inklusiver Finanz. Dës dräi Strategien si selbstverständlech keng komplett eegestänneg nei Strategien; si schreiwe sech an ons generell Kooperationsstrategie an an hëllefen ons, dës ëmzesetzen.

Als eent vun de wéinege Länner mat enger feministescher Aussepolitik, vertritt Lëtzebuerg kontinuéierlech d'Rechter an d'Wärd vun all Genre an deenen ënnerschiddleche Gremien an engagéiert sech, fir all Form vun Diskriminatioun an Ongläichheet ze bekämpfen. Dës Elementer gehéieren och zu de Prioritéiten, déi Lëtzebuerg sech am Zesammenhang mat sengem Mandat fir den UN-Mënschenrechtsrot fir d'Period 2022 bis 2024 gesat huet.

Virun allem a fragillen a konfliktrträchtege Situatiounen leide Fraen a Meedercher weiderhin onverhältnisméisseg staark ënner souwuel politescher, sozialer, wirtschaftlecher wéi och duerch de Klimawandel bedéngter Ausgrenzung. Virun allem a schwieregen Zäiten an der Situatioun vun enger multidimensionaler Pandemie, där mir nach ëmmer ausgesat sinn, ass et noutwendeg, d'Rechter vu Fraen nohalteg ze schützen. Dofir steet dës Dimension am Mëttelpunkt vun der Lëtzebuerger Kooperatioun als eng vun de Bedéngunge fir d'Aarmutsbekämpfung an all eise Partner- a Projetslänner.

Ons Strategie gesäit en transformativen Usaz fir d'Gläichstellung vun de Geschlechter an alle Beräicher vir. Elo geet et drëm, en internen Aktionsplang auszuschaffen, fir d'Ëmsetze vun deene Richtlinnen ze garantéieren. Fir eis verschidden Acteure bei der Ëmsetzung vun eiser neier transversaler Strategie ze ënnerstëtzen an domadder och de Wéi ze beäntweren, wäerten dës weider spezifesch Outilen ausgeschafft ginn.

E konkreet Beispill an der afrikanescher Regioun südlech vun der Sahara ass d'Initiativ Education Plus“, déi Lëtzebuerg mat ONUSIDA ënnerstëtzt, fir den Zougang zu Gesondheetserzéiung a Rechter souwéi d'Stärkung vun der Roll vu Fraen a Meedercher ze fërderen. Mir hunn an deem Kader virun zwou Wochen och eng éischt regional Konferenz fir West- an Zentralafrika zu Dakar am Senegal do kofinanzéiert, zesumme mat UNAIDS an ENDA Santé; eng Konferenz, déi e Succès war.

Am Kontext vum Klimawandel hu mer dëst Joer d'Ambitiounen vun eiser Kooperationspolitik erhéicht. Engersäits hu mer op den Assisen eng nei Ëmwelt- a Klimastrategie validéiert, anersäits stärke mer eis Zesummenaarbecht mam Ëmweltministère, deen iwwert de Klimafong zousätzlech Ënnerstëtzung fir staark Aktiounen an den Entwécklungslänner am Beräich Klimawandel bitt. D'Zesammenhäng tëschent Klima, Genderongläichheeten, wirtschaftlechen a soziale Froe musse systematesch betruecht ginn, fir méi resilient Gesellschaften opzebauen. Wa mer zum Beispill am Beräich Waasser oder Agrikultur schaffen, da musse mer sécherstellen, dass déi Projeten och nach an zéng Joer un de klimatesche Kontext adaptéiert sinn. Oder an engem Educationsprojet muss séchergestallt ginn, dass d'Gebaiere klimaresistent sinn an dass lokal Bevëlkerunge Liewenskonditiounen hunn, déi et hinnen erméiglechen, an d'Schoul ze goen.

Konkreet huet eis Strategie bis 2030 zum Zil, allequerten d'Aktivitéite vun der Kooperatioun an d'Dynamik vun enger nohalteger, inklusiver, erneierbarer a resilienter Entwécklung ze setzen. Och hei schaffe mer un engem Plan d'action an un Outilen, fir dass all d'Acteure vun der Lëtzebuerger Kooperatioun ekipéiert sinn, fir souwuel hei zu Lëtzebuerg

wéi och um Terrain sécherzestellen, dass d'Nohaltegkeet vun eisen Aktiounen optimiséiert ass. D'Etabléierung vun engem neien, méi nohaltege Paradigma ass e laange Prozess, deen dréngend muss ëmgesat ginn. D'Kooperatioun ass fest decidéiert, an déi Richtung ze schaffen.

Och d'Mënscherechter an d'Gouvernance spillen eng ëmmer méi wichteg Roll am Développement. Erlaabt mer e puer Wieder zu de Mënscherechter an de Partnerlänner vun der Lëtzebuerger Kooperatioun.

Wéi Der wësst, sinn d'Mënscherechter als transversal Prioritéit vun onser Kooperationsstrategie festgehale ginn, zesumme mat Geschlechtergläichheet an ëmweltfrëndlecher Nohaltegkeet. Fir där Prioritéit gerecht ze ginn, ginn d'Mënscherechtssituatiounen an eise Partnerlänner um héchsten Niveau bilateral ugeschwat, spezifesch am Kader vun engem strukturéierte politeschen Dialog. A mir maachen dat och op multilaterale Fore wéi mat der EU oder zum Beispill am Kader vum Universal Periodic Review vum Comité des droits de l'homme, wou Lëtzebuerg jo viru Kuerzem fir e Mandat vun zwee Joer eragewielt ginn ass.

Mir wäerten an deem Kontext weider eis Partnerlänner op d'Situatioun vun de Mënscherechter uschwätzen a konstruktiv mat hinnen no Léisungen sichen. Am Kader vun der Campagne fir eist Mandat am Mënschenrechtsrot hu mir och sougenannten Engagements volontaires geholl, déi vun enger ganzer Rëtsch Acteuren ëmgesat musse ginn.

Dovun ofgesinn, wëll ech nach kuerz dorun erënnere, dass d'Essenz vun der Kooperatioun an och vun den ODDen näischt aneschters ass wéi d'Stärkung an déi konkreet Ëmsetzung vun de Mënscherechter. An deem Sënn sinn och déi véier Haaptthematike vun onser genereller Strategie ze gesinn, déi da sinn: éischstens, Accès op sozial Basisrechter; zweetens, sozioekonomesch Integratioun; drëtzens, Gouvernance; a véiertens, inklusiven an dauerhafte Wuesstem. Dofir fërdere mer och an de leschte PICen, déi ënnerschrifwe gi sinn, eng „rights-based approach“. Et ass net méiglech, eng konsequent Aarmutsbekämpfung ze erreechen, ouni dass d'Mënscherechter, an notamment déi sozial an ekonomesch, mee awer och déi zivill a politesch, oprechterhale gi fir jiddwereen. A genau dat maache mer elo schonn an onser Entwécklungspolitik.

All d'Mënscherechter hänke mateneen zesummen, grad ewéi déi 17 nohalteg Entwécklungsziler och mateneen zesummenhänken. Et ass am Endeffekt eng Fro vun der Kohärenz tëscht de Politicken. Den Erfolg vun enger Entwécklungspolitik hänkt och vun de Wierkunge vun anere Politicken of, déi gewollt oder ongewollt eng nohalteg Entwécklung ënnerstëtzen oder awer bremsen.

Déi Fro vun der Kohärenz läit mer besonnesch um Häerz. An ech si frou, dass mer do an deene leschten zwee Joer och e gutt Stéck weiderkomm sinn. Ons approche-pays, déi mer um Cabo Verde ugefaangen hunn, breet sech entre-temps och op aner Länner aus. Ech wäert herno nach eng Kéier dorobber zréckkommen.

Mee och heiheem huet sech vill gedoen. Zesumme mam Environmentsministère hu mer eng Etüd mat der OCDE gemaach fir ze kucken, wéi mer d'Kohärenz tëscht de Politicken zu Lëtzebuerg nach weider kënnen stärke. Dëst gouf an interministerielle Komiteeën zesumme mat der Zivillgesellschaft diskutéiert a verschidden Elementer konnten an den neien nationale Plang fir en nohaltegen Développement, de PNDD, afléissen. De Lëtzebuerger Nohaltegkeetscheck gouf zum Beispill héich gelueft vun der OCDE, grad wéi déi substanzuell Ënnerstëtzung, déi mer den ONGe ginn, fir an deem Beräich aktiv kënnen ze sinn.

Dir gesitt, dass alles zesummenhängt, an et muss een e gesamtheetlechen Usaz hu fir weiderzekommen. Fir eng méi nohalteg, méi resilient a méi inklusiv Entwécklung ze kréien, musse mer duebelgleiseg fueren: Op där enger Säit wäerte mer eis traditionell Kooperatioun an de Services sociaux de base, wéi Gesondheet, Educatioun, proppert Waasser, weiderféieren an och ausbauen, besonnesch an deenen am mannsten entwéckelte Länner. Op där anerer Säit wäerte mer e verstärkten Akzent op innovativ Finanzmechanismen an nei Technologie setze, fir eng méi ëmweltfrëndlech a méi inklusiv Entwécklung ze fërderen. Mir mussen do och eis Atouten als Land ausspillen. Mir maachen dat och a sougenannte „lower middle income countries“, wéi zum Beispill dem Ruanda, wou ech de leschte Mount op Visitt war, an dat am Kader vun der Semaine africaine de la microfinance, déi vun der ONG ADA zu Kigali organiséiert gouf an déi mat méi wéi 500 Experten aus der Regioun, déi do zesummekomm sinn, e reelle Succès war, déi d'Lëtzebuerger Expertisen an deem Domän och ganz kloer um afrikanesche Kontinent plazéiert a soulignéiert huet.

Fir kënnen en Impakt ze hunn an eng Differenz ze maachen, musse mer ons d'Moyene ginn, an dat souwuel um Niveau vun de Ressources humaines an der Expertis, wéi um Niveau vun de Budgeten.





Um Niveau vun de finanzielle Mëttele kann ech haut mat Erliichterung soen, dass mer d'Schwieregkeete vum leschte Joer hanner ons hunn! Nodeems 2020 jo eng Kontraktioun do war an eisem Budget doduerch, well de Revenu national brut, de Bruttonationalrevenu, erofgaangen ass, wat dozou gefouert huet, dass d'Enveloppe vun eiser éffentlecher Entwécklungshëllef, APD, am Laf vum Joer ëm eng 43 Milliounen erfogeschrauft huet misse ginn, ass dëst Joer d'Reprise nees um Rendez-vous. D'Bugete ginn nees an d'Luucht. Ech erënnere hei awer nach eemol drun, dass och a Krisenzeiten um Zil vun 1 % vum RNB fir d'APD festgehal gouf. Schlussendlech huet sech d'APD 2020 op 396 Milliounen Euro belaf, wat 1,03 % vum RNB entsprécht. Mir si mat deem 1 % an engem ganz selektive Club, an och dat gëtt eis international eng ganz grouss Kreditibilitéit.

Wéi ech schonn d'lescht Joer a menger Deklaratioun um lech annoncéiert hat, ass besonnesch Wäert dorop geluecht ginn, dass déi budgetär Oplagen net op d'ONGen zrëckgefall sinn. Sou sinn dann och d'Enveloppen, déi de Lëtzebuerger ONGen zoustinn, net reduzéiert ginn, dat am Géigesaz zu deem, wat vu verschiddener Säit d'lescht Joer behaupt gouf.

Den Deel vun der APD, deen duerch d'ONGen ëmgesat gouf, beleeft sech fir 2020 souguer op 17 %, wat 25 % vun der bilateralen APD ass. E läit also iwwert der Moyenne vu 15,5 % vun de vieregte Joren.

An deem Kontext ass och ze erwänen, dass, wann d'Situatioun um Terrain e Weiderféiere vun de Projeten onméiglech gemaach huet, de Ministère sech do flexibel gewisen huet an alle Partner et erlaabt huet, fir Fongen op aner Aktivitéiten ëmzeverdeelen, an dat besonnesch, fir géint d'Covidkris an eise Partnerlänner unzegoen. Deemno si ronn 70 Milliounen Euro gewährt ginn, fir Entwécklungslänner ze hëllefen, d'Pandemie ze bekämpfen.

Dëst Joer stinn d'Prognose vum Stateg, wéi gesot, ganz positiv, wat eis wirtschaftlech Entwécklung ugeet, wat eng Besserung vun der wirtschaftlecher Situatioun ugeet. Dofir wäert d'APD fir 2021 deemno tëscht 455 a 461 Milliounen Euro leien. Och wann den RNB eropgeet, hale mer selbstverständlech un onsem Zil vun 1 % fest.

Fir déi nächst Joren ass och e kontinuëierleche Wuesstem virausgesinn an d'APD 2022 kéint dann, de pluriannuelle Previsiounen no, 476 Milliounen erreechen, wat dann dee Moment e Rekordmontant fir d'Lëtzebuerger Kooperatioun wier.

Domat kënnen mer e wichtege Bäitrag liwweren. Wann Der mech frot, ob dat duergeet, dann ass d'Äntwert ganz kloer nee. Am Verglach mat den Dausende Milliarden, déi gebraucht ginn, fir d'SDGen ze erreechen, bleiwen ons Kontributiounen relativ modest. Dofir müssen déi Moyenen effikass agesat ginn. A mir hunn an deem Sënn an deene leschten zwee Joer ganz vill an Expertis investéiert.

En anere wichtege Punkt ass awer, dass mer déi SDGen, déi Objectifs de développement durable, nimmools wäerten erreechen ouni d'Hëllef vum Privatsektor, dat souwuel am finanzielle Beräich wéi an der Expertis an der Innovatioun. Vill Efforte sinn dofir gemaach ginn, fir de Privatsektor ze sensibiliséieren, fir an nohalteg a responsabel Finanzproduiten ze investéieren.

D'Abanne vum Privatsektor, wat meng zwee Ressorte concernéiert, muss natierlech streng konform no den nohaltege Reegelen a Krittäre geschéien. Et ass zum Beispill eng Grondvoraussetzung, dass sech eis Partner strikt un d'Mënscherechter halen. Och de Respekt vun den Aarbechtsrechter an den Ëmweltoplagen ass ganz wichteg.

E konkret Beispill fir esou eng Zesummenaarbecht ass d'Business Partnership Facility. Do hunn ech derfir gesuergt, am Kontext vun där Diskussioun iwwert den Devoir de diligence des droits de l'homme, dass all d'Partner sech müssen dofir engagéieren, déi sougenannten Devoirs de diligence anzehalen, wa si vun engem Kofinanzement wëlle profitéieren. An dat selwecht gëllt natierlech och fir d'Aiden, déi een vum Ekonomiesministère kritt.

Wéi Der wësst, gëtt et zu Lëtzebuerg en nationale Plang fir den Devoir de diligence a senger zweeter Oplag, deen amgaang ass, ëmgesat ze ginn. Dat ass d'Resultat vun engem inklusiven Prozess gewiescht, an deem och d'Zivillgesellschaft systematesch mat agebonne gouf, besonnesch am Kader vum Comité interministériel des droits de l'homme.

Zum selwechten Thema maache mer natierlech och de Suivi op EU-Niveau, wou den Ament nach Diskussiounen lafen, déi dann hoffentlech eventuell op eng europäesch Léisung erauslafen.

Och an deem Beräich wëlle mer als Kooperatioun mat guddem Beispill virgoen a weisen, wéi eng nohalteg an inklusiv Entwécklung méiglech ass. Mam Instrument vun der Business Partnership Facility ënnerstëtze mer elo säit bal fënnef Joer Innovatiounen, déi zur internationaler Entwécklung bäidroen, an duerch dës Zesummenaarbecht goufe mëttlerweil iwwer 25 Projeten initiéiert an de Be-

räicher vun der FinTech, der Mobilitéit, der Logistik, souwéi an deene vun der CleanTech, der Kreeslafwirtschaft, der Ecoinnovatioun an den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien.

Doduerch konnte mer weider Ressourcë fir Entwécklungslänner mobiliséieren, den Transfer vun Technologien erméiglechen, lokal Aarbechtsplaze schafen an d'Kooperatioun tëscht dem geografeschen Norden a Süde verstärken. An dëst erlaabt eis et och, fir eisem Objektiv vum inklusiven Wuesstem méi no ze kommen.

Ech hu wëlles, d'Kooperatioun mam Lëtzebuerger Privatsektor nach méi staark auszebauen, wéi gesot, do wou et Sënn mécht an natierlech am Kader an am Respekt vu klore Krittären.

Mir hunn eng ganz Partie privat Acteuren hei zu Lëtzebuerg, déi e Savoir-faire unique hunn oder Produiten hierstellen, déi dréngend an onse Partnerlänner gebraucht ginn. Een esou e Beispill ass d'Entreprise B Medical vun Housen, e Betrib, deen an der medezinnescher Chaîne du froid eng Virreideroll spillt, dee mat enger OMS scho viru ganz laanger Zäit Standarden ausgeschafft huet an deem seng Frigoen a portabel Kälttäsche säit Covid weltwäit gefrot sinn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - E Méindeg virun enger Woch konnte mer am Kader vum europäesche Mechanisme de protection civile 50 Frigoe mat Solarpanelen, fir Impfdosissen ze stockéieren, an de Burkina Faso schécken. Déi ginn do batternéideg gebraucht, well am Burkina Faso ass eréischt 1 % vun der Populatioun - jo, 1 % vun der Bevëlkerung! - bis elo geimpft.

E wichtege Punkt fir mech, an och fir mäi Kolleg Fränz Bausch, war, dass dës Frigoe konnte mam Lëtzebuerger A400M Militärfliager dohinner transportéiert ginn. Dat huet Käschte gespuert, huet Lëtzebuerg nach eng Kéier méi Visibilitéit ginn an ass och e gutt Beispill vun der Ëmsetzung vun onser 3D-Politik (ndlr: Diplomatie, Développement et Défense).

Nëmme mat esou technesche Solutiounen ... B Medical ass ee vu ville Beispiller, mir hunn nach ganz vill anerem am Beräich vum ICT, vun de Finanzen, och vläicht souguer vum Space, wéi ech zu Dubai konnt feststellen. Nëmme mat esou technesche Solutiounen a mat der Zesummenaarbecht mat diversen Acteuren kënnen mer déi weltwäit Vaccinatiounen virubréngen, ouni déi mer d'Pandemie ni wäerten an de Grëff kréien.

Erlaabt mer, an deem Kontext de Punkt ze maachen iwwer eis Kontributiounen un de sougenannte Garanties de marché COVAX, dem COVAX AMC. De COVAX-Mechanismus finanzéiert den Akaf vu Vaccine fir 92 eligibel Entwécklungslänner. Ech hunn d'lescht Woch nach eng weider Kontributioun decidéiert, fir ons Ënnerstëtzung vum COVAX nach eng Kéier ze verduebelen, an zwar elo op 4 Milliounen Euro.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Très bien!

■ **M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Wat eis materiell Ënnerstëtzung an der Pandemiebekämpfung ugeet, hu mer bis elo 400.000 Dosisse Vaccin un de COVAX-Mechanismus ginn, an dëst am Kader vum Team Europe. Dat heescht konkret, dass mir mat eisen europäesche Partner zesummeschaffen, zum Beispill fir juristesche Froen, an als Team Europe um COVAX deelhuefen.

Konkret hu mer en Don vun 300.000 Dosisen AstraZeneca gemaacht, deen de Gavi wäert un eng Rei Partnerlänner verdeelen, an zwar do, wou se am meeschte gebraucht an och direkt verbraucht kënnen ginn.

100.000 Dosisse Pfizer si virgesinn, fir als Don un de Vietnam ze goen, deen d'Capacitéit huet, fir déi Vaccinen ze administréieren, déi jo ganz deif musse gekillt ginn, an och ze conservéieren. A mir plangen, och nach weider Impfdosisse fir ons Partnerlänner zur Verfügung ze stellen, dorënner ronn 10.000 Dosisse vum Moderna-Impfstoff.

Nieft eisem Engagement am COVAX ass d'Kooperatioun och um bilateralen Niveau aktiv gewiescht. Sou hu mer am September en Don vu 56.000 Dosisen AstraZeneca un de Cabo Verde gemaacht - an hunn domadder direkt op eng Demande vun hinne geäntwert -, déi duerch de Mécanisme de protection vun der EU dunn dohinnergeschéckt goufen.

Och Material gouf esou verschéckt, wéi zum Beispill en Don vu Ventilatoren un Tunesien, Antigen-Tester un de Kosovo oder eeben déi Frigoen, vun deenen ech elo just geschwat hunn, un de Burkina Faso.

Am Allgemengen ass et awer effektiv esou, dass leider nach enorm Retarden an der weltwäiter Impfcampagne ze verzechnen sinn. Och wann d'Diskussiounen ëm d'Aussetze vun de Patentrechter sech fir de Moment e bësse geluecht hunn, si mer vun enger gerechter Verdeelung vu Vaccine leider nach

wäit ewech. Et ass net akzeptabel, an ech géif dat hei gäre ganz kloer soen, et ass net akzeptabel, dass verschidde wéineg Pharmakonzerner riseg Profitter op der Basis vun éffentlecher Recherche maachen an d'Leit an de méi aarme Länner keen Zougang zu Impfungen hunn!

Mir ënnerstëtzen dofir d'Europäesch Unioun an och aner Initiativen, fir d'Produktioun vu Covid-19-Vaccinen ze féerden. Mir wëssen allegueren, dass et sécher eng Fro vu Propriété intellectuelle ass, mee dass et grad esou vill eng Fro ass vu Capacity Building, vun Technologietransferten, déi et erméiglechen, an deene Länner Vaccinen ze produzéieren.

Wat gutt ass, dat ass, dass et do éischt positiv Resultater gëtt. Esou gesäit zum Beispill BioNTech vir, Produktiounssitte vu messenger-RNA-Vaccinen am Senegal an am Ruanda ze bauen, an dat kuerzfristig.

Et ass awer och kloer, dass de System vun der internationaler Gesondheet muss verstärkt a verbessert ginn, fir besser op déi nächst Pandemie virbereet ze sinn. An deem Sënn schaffen d'Memberstaate vun der OMS um Prinzip vun engem internationalen Ofkommen, dat d'Staate rechtlech géif bannen, fir eng global Gestiou vun der Pandemie ze maachen - eppes, wat ech natierlech och absolutt ënnerstëtzen.

Mee loosse mer nees zrëckkommen op déi méi nohalteg, méi resilient a méi inklusiv Entwécklung an op de „leave no one behind“, de Keen-op-der-Streck-loossen. Innovatioun zesumme mat Privat- a Finanzsektor ass hei ganz wichteg. D'Zil ass et nämlech, net nëmmen op déi aktuell Verännerungen a Bedierfnisser um Terrain ze reagéieren, mee proaktiv dëse Wandel ze begleeten an ze formen. Digitaliséierung ass ee Beräich, an deem et e besonnesch grousst Potenzial fir esou eng innovativ an nohalteg Entwécklung gëtt.

D'Pandemie huet dozou gefouert, dat hu mer och gëschter diskutéiert, dass d'Digitaliséierung e grouss Schratt gemaach huet, net nëmme bei eis, och an den Entwécklungslänner. Am Fachjargon heescht dat „Digital for Development“ a bedeit näischt aneres, wéi duerch digital Léisunge mat der Hëllef an Expertis vun eise Partner en Impakt um Terrain ze schafen. Am sougenannten ICT-Beräich kënnen mer als Lëtzebuerg op en dynameschen an innovativen nationalen Eco-System zrëckgräifen. Nei Technologie si besonnesch nützlich an de Secteuren vun de Finanzen, der sougenannter FinTech, der Medezinn oder an der Weiterbildung fir déi jonk Leit.

Fir konkret Beispiller ze nennen, schaffe mer do zum Beispill mat Satellittentechnik, fir Spideeler an och ONGe mat Patienten ze vernetzen, déi soss keen Zougang hätten zu medezinnescher Versuergung, dat am Kontext vum Projet SATMED. Mir ënnerstëtzen Acteuren, déi sech fir responsabel an nohalteg Finanzproduiten, mat Hëllef vun digitalen Outilen, wéi engem Smartphone, asetzen. Wuelgemerkt: Dëst si Leit, déi soss keen Zougang zu engem traditionelle Finanzservice hunn. Och d'Weiterbildung am digitale Beräich ass ons wichteg, well an enger vernetzter Welt brauche mir gutt ausgebildete Aarbechtskräften. An esou probéiere mer, de Leit eng Perspektiv ze ginn a se prett ze maache fir d'Zukunft an d'Verännerungen an den oft dynameschen Aarbechtsmarchéen an Entwécklungslänner. Ee Projet ass do zum Beispill de LuxWays-Projet mat der Uni.lu, deen am Beräich vun der Cybersecurity usetzt.

Dëst, fir nëmmen e puer Beispiller ze nennen, woubäi ee sécherlech ka betounen, dass mer am Beräich justement vun der Cybersecurity eis Partner a Partnerlänner bei den Erausfuerrungen vun der Digitaliséierung ënnerstëtzen. An deem Beräich hu mer aktuell schonn eng ganz Rëtsch Initiative lancéiert, virun allem mat engem geographesche Fokus op Afrika. Domat wäerte mer och déi technesch Hëllef bereitstellen, fir d'Digitaltransformatioun an onse Partnerlänner ze féerden.

Eng modern Kooperatiounspolitik bedeit awer och, dass mer weider am Beräich vun der inklusiver Finanz schaffen an op innovativ an inklusiv Finanzinstrumenter zrëckgräifen, fir eng responsabel Entwécklungshëllef ze promouvéieren.

Dir wësst, dass Lëtzebuerg eng Virreideroll spillt an deem Sektor mat senger Expertis an deem breetgefächerten Eco-System, dee mer elo scho säit méi wéi 20 Joer amgaang sinn opzebauen. Als Beispill kann een hei natierlech d'Maison de la microfinance nennen, déi direkt eng ganz Rëtsch vun Experten an deem Domän zesummebréngt an u sech déi ganz Palett vu Finanzdéngschtleeschtungen ofdeckt an déi och weltwäit operéiert.

An der Entwécklungszesummenaarbecht si sech d'Acteuren all eens: Nohalteg Investissementer sinn eng absolutt Noutwendegkeet, fir den Agenda 2030 ze erreechen. Eis feelen do weltwäit 2.500 Milliarden, fir déi 17 Ziler ze erreechen - an dat pro Joer!

An deem Beräich huet Lëtzebuerg natierlech e Rise-potenzial mat senger Finanzplaz. An dowéinst ass

et wichteg, dass mer weiderhin innovativ Finanzinstrumenter ënnerstëtzen, dëst natierlech unhand vu Qualitéitskrittären, déi kënnen nogewise ginn, wéi zum Beispill duerch den Impact Label vu LuxFLAG, dee mer zesumme mat dem Finanz- an dem Ëmweltministère ënnerstëtzen. Konkreet investéiere mer an Instrumenter, mat deene mer zesumme mat UNO-Agencen, ONGen, bilateralen Acteuren an och privaten Investisseuren geziilt Investissementer érderen, déi e positiven Impakt op nohalteg Entwécklungsobjektiver hunn. Dat ass zum Beispill den ABC Fund an der Agrikultur, de Build Fund fir Investissementer an am mannsten entwéckelte Länner oder nach de BLOC Smart Africa fir Investissementer an nei Technologien an Afrika.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Deputéierter, wéinst den enormen Erausfuerrungen, déi weltwäit virun ons stinn, kënnen mer natierlech net aleng schaffen. Mir brauche stabil Partnerschaften op europäeschem an internationalem Niveau, grad ewéi e verstärkt Abanne vun der Zivillgesellschaft an d'Kooperatiounsaktivitéiten.

Op EU-Niveau schreiwe mer ons an d'Approche Team Europa an, zesumme mat den anere Memberstaaten an den europäeschen Institutiounen. Et geet hei drëm ze weisen, dass Europa fäeg ass, gemeinsam, séier, koordinéiert an effikass Hëllef ze leeschten.

Lëtzebuerg setzt sech och weiderhin a fir eng europäesch Entwécklungszesummenaarbecht, déi e klore Fokus op Aarmutsbekämpfung huet. An deem Kader besti mer drop, dass dat neit europäescht Instrument fir Noperschaft, Entwécklung an international Kooperatioun, dat sougenannt NDICI, säi Fokus op déi Länner behält, wou d'Besoinen am gréisste sinn, an deene Mënschen hëllef, déi am meeschten an Nout sinn. Dozou gehéiert och e staarken Engagement, dass mer ons finanziell Moyene fir d'Entwécklungszesummenaarbecht fir d'Partnerlänner, an net fir d'Migratiounsgestioun, also direkt fir ons, ausginn.

Mir hoffen och, dass den Accord zwëschen der EU an den 79 Partnerlänner aus Afrika, der Karibik an dem Pazifik, de sougenannten Accord post-Cotonou, geschwé kann applizéiert ginn. Dësen Accord promouvéiert ënner anerem d'Mënscherechter, demokratesch Prinzippien an de Rechtsstaat. Wéi Der wësst, ass et eis als Lëtzebuerg wichteg, en zuverlässes Gespächspartner ze sinn, dee sech de Sorgen a Problemer vun eise Partnerlänner unhëlt.

Och op europäeschem Niveau setze mer ons ganz staark fir eng ambitiéis Mënscherechtopolitik am Développement an, besonnesch fir d'Geschlechtergerechtegkeet, well mer iwwerzeegt sinn, dass all Mënsch dat selwecht Recht op Entwécklung huet, getrei dem Prinzip, dass keen op der Streck soll bleiwen.

Dës Prinzippie verdeedege mer natierlech och um Niveau vun der UNO. Sanitär a politesch Krisen, Naturkatastrophen an d'Konsequenze vun der Ärdewiermung hunn natierlech Diskussiounen um multilateralen Niveau gepräagt. Säit dem Covid huet sech bal alles online ofgespillt an et war net einfach, fir eis mat eise Partner ze koordinéieren an zesummeschaffen.

Dofir sinn ech frou, dass mer als Lëtzebuerg e klore Message konnte setzen, andeems mer am Fong als éischt Land säit ganz laanger Zäit erëm en präsentiel am Juli mat eise laangjäregem Partner, dem Programm vun de Vereenten Natiounen fir den Développement, UNDP, an dem UN-Kapitalentwécklungsfong, UNCDF, nei Partenariater fir 2021 bis 2025 ënnerschreiwe konnten.

Mat dem UN-Hëllefswierk fir palästinensesch Flüchtlingen, UNWRA, hu mer esou e Partenariat méi spët am Joer, am September, zu Amman ënnerschräiwen. All dës Accorden erméiglechen et den Agencen, eng besser Previsibilitéit ze kréien an ënnersträchen eis Ambitiounen um multilaterale Plang. Enn des Joers wäerte mer weider Partneriater mam Bevëlkerungsfong vun de Vereenten Natiounen, dem UNFPA, mat Unicef a mat der internationaler Aarbechtsorganisatioun, der ILO, an deem Sënn ënnerschräiwen.

Erlaabt mer op dëser Plaz, eng Kéier ze ënnersträchen, wéi wichteg dës Partneriater fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg sinn. Am Géigesaz zu deem, wat nämlech op verschiddene Plaze gesot gëtt, wësse mer ganz genau, fir wéi eng vun onse Prioritéiten dës Kontributiounen agesat ginn. D'Manéier, wéi mer dës Partnerschaften strukturéieren, gëtt onsem Land eng enorm Unerkennung a Visibilitéit um internationale Plang. Dat ass natierlech net ze ënnerschatzen, well d'Welt hält net hannert onse kleng Grenzen op.

A wa mer gär matdiskutéieren op internationalem Niveau a matdecidéieren an och matgestalten, da mussen mer och matagéieren. An dat maache mer relativ gutt. „Lëtzebuerg ass eng Stëmm vun der Veronft“, sot de Filippo Grandi, den UN-Flüchtlingskommissär, deen d'lescht Woch hei op Visitt war.





Et gëtt vill Beispiller vun effikasser Zesummenaarbecht op internationalem Niveau. Eent dovun ass d'School Meals Coalition, déi dëst Joer am Kader vum UN Food Systems Summit an d'Liewe geruff gouf an där Lëtzebuerg bäigetrueden ass. Säit Jore scho finanzéiert d'Lëtzeburger Kooperatioun Molzechte fir Schoulkanner an deene verschiddeste Länner. Momentan si mer do zum Beispill an Nicaragua aktiv.

D'Schoul ass net nëmmen eng Plaz, wou d'Kanner eng Education kréien, mee se spillt och besonnesch an Entwécklungslänner eng wichteg Roll an hirem Sozialliewen. Andeems mer et erméiglechen, de Schoulkanner eng Molzecht unzebidden, gräife mer deene Familien ënnert d'Äerm, déi sech all Dag op en Neits musse Suerge maachen, wéi se hir Kanner ernäre sollen. Mir hunn eis och agesat fir d'Éducation de base a fir d'Definitiou vum nationalen Educationspläng duerch eist Partenariat mam Global Partnership for Education.

D'Kooperatioun engagéiert sech natierlech och weiderhi ganz staark an der Santé, fir déi mer 15 % vum eiser Entwécklungshëllef virgesinn. D'Wichtigkeet vum Zougang zu essentielle Gesondheetsservicer wéi Impfunge géint de Covid ass natierlech an deene leschten zwee Joer jiddwerengem nach vill méi staark bewosst ginn.

D'Pandemie huet awer leider och als Konsequenz, dass d'Fortschrëtt an der Bekämpfung vum aneren Epidemien, déi Entwécklungslänner méi staark betreffen, wéi den Aids - dat konnte mer viru Kuerzem am Senegal um Terrain feststellen -, Malaria oder Tuberkulos, zrëckgaange sinn. D'Leit hate keen oder manner Zougang zu de Medikamenter oder zu den Depistagen, a besonnesch Jonker a Frae sinn disproportioneel dovunner beträff. Dofir hu mer och an dëse Beräicher ons Kontributiounen un d'OMS an UNAIDS eropgesat.

En vue vun der positiver Evoluitioun vum RNB konnte mer och ons Kontributiounen un aner UNO-Agencen eropsetzen, wéi d'UNWRA, fir déi mer gëschter op enger Konferenz 2 Milliounen Euro annoncéiert hunn, awer och de FIDA oder d'Vaccinsalliance Gavi, un déi mer alkéiers zousätzlech Kontributiounen gemaach hunn, well mer gesinn, dass se do am meeschte gebraucht gi fir de Moment.

Fir och mat globale Programmen no un d'Communautéiten an déi lokal Bevëlkerung erunzekommen, brauche mer d'Zivilgesellschaft an d'ONGen. Si sinn e kruzialen Deel vun onser Kooperatioun. An zu Lëtzebuerg hu mer net manner wéi 92 ONGen, déi en Agreement hu bei eis um Ausseministère. Wéi virdu gesot, setze se 17 % vun onser APD ëm, e Pourcentage, dee bewosst eropgesat gouf am leschte Joer. Aktuell finanzéiert de Ministère 24 Entwécklungs-Accord-cadren an eng 96 Projeten, déi vun 61 ONGen ëmgësat ginn a méi wéi 40 verschiddene Länner.

Doriwwer eraus sinn d'ONGen och ganz wichteg Partner fir onse staarken Engagement fir d'Sensibiliséierungsaarbecht an d'Éducation au développement hei zu Lëtzebuerg iwwert Theeme wéi zum Beispill Mëscherechter, Education a Klimawandel. An deem Kontext wäerte 16 pluriannuell Programmer an en neie Mandat fir de CITIM, Centre d'Information Tiers Monde, ufangs 2022 ënnerschriwwen ginn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire**.- Mir wäerten och ab 2022 eng ganz Rei vun eenzelne Projete weiderfinanzéieren. Ech hunn och wëlles, e verstärkten Accent op Sensibilisatioun an Entwécklungseducation ze setzen. Déi budgetär Mëttelen op där Budgetsinn ginn dann och d'nächst Joer staark an d'Luucht gesat, vun 2,7 Milliounen dëst Joer op 4 Milliounen Euro fir 2022.

Och dëst Joer huet sech d'Covidkris nach bemierkbar gemaach a mir hunn och weiderhi Reallocationen, Erhéijungen a Verlängerungen accordéiert, fir dass d'ONGDen hire lokale Partner konnten ënnert d'Äerm gräife mat Moossname géint d'Verbreede vum Virus.

An ech si frou, dass ons proaktiv Approche am ganz rezenten AidWatch Report ervirgehewe gouf. Am Géigesaz zu anere Länner ass de Budget fir ONGen heizuland während der Covidkris net erfogaangen. Fir 2022 sinn déi éischt Previsiounen vum Budget positiv, soudass dat eis erlaabt, eisen ONGen och weider staark ënnert d'Äerm ze gräifen.

Zënter Januar 2020 kënnen d'ONGen och Subside beim Ministère ufroe fir Sécherheetsformatiounen oder Ekipementer, fir hire Lokalpartner um Terrain nach méi Sécherheet garantéieren ze kënnen.

Fir eis ONGen op verschidde Situatiounen virzebeereeden, hu mer och dëst Joer zousätzlech Finanzementer un de Cercle de coopération des ONG deblockéiert, fir dass si Sécherheetsformatiounen hei zu Lëtzebuerg organiséiere kënnen.

Dir Dammen an Dir Hären, den Haaptdeel vun der Lëtzeburger Kooperatioun gëtt bilateral an onse Partnerlänner ëmgësat. Et ass enorm vill geschitt

op deem Plang an d'Zäit feelt mer hei, alles opzezielen. Mee ech wëll hei awer op d'Haaptpunkten a Perspektiven agoen.

De Fokus bleift nach wie vor op deene mannstentwéckelte Länner op der Welt, an notament op der Region vum Sahel. Déi kritesch Sécherheets-situatioun, den Impakt vum Klimawandel, déi undauernd politesch Onstabilitéit, déi kontinuéierlech Ofwieseneheet vum Staat an de rurale Regionnen an den demographeschen Drock si Facteuren, déi sech géigesäitig beaflossen an e groussen Impakt op d'humanitär Situatioun am Sahel hunn, déi sech weider verschlëmmert.

En Zesummebrieche vun där Region, esou wéi mer et am Afghanistan gesinn hunn - a verschiddener soen, dass de Sahel den Afghanistan vum Europa kéint sinn -, wier eng riseg Katastroph, net nëmme fir déi 80 Milliounen Leit, déi do liewen, mee och fir ganz Europa. Ëmmer méi europäesch Länner gesinn dat an a verstärken hir Kooperatioun an hir Presenz am Sahel. D'Koordinatioun gëtt do natierlech dann ëmmer méi wichteg, notament am Kader vun der internationaler Koalitioun fir de Sahel, an där mer ganz aktiv sinn.

Mir insistéieren an deem Kader, dass d'Äntwert op déi multidimensional Krisen am Sahel net nëmmen däréi militäresch sinn, mee virun allem an der Promotioun vun der Gouvernance a vun de basesche soziale Servicer leie muss. Virun allem ass awer wichteg, dass d'Länner am Sahel selwer am Lead vun där Äntwert sinn an dass mir si dobäi ënnerstëtzen.

Am Mali ass et fir den Ament besonnesch komplizéiert an eis Kooperatioun war dëst Joer vun der politescher Situatioun geprägt. Mir hu kee PIC méi mam Mali, mee eng Transitiounsstrategie, fir haaptsächlech deene Jonke weiderhin eng Perspektiv ze ginn, wat e wichteg Facteur am Kampf géint d'Verbreedung vum Terrorismus ass, well Jonker, déi keng Perspektiv hunn, sinn extreem vulnerabel fir d'Appelle vun deene Banden, déi do ënnerwee sinn.

Zesumme mat eisen internationale Partner encouragéiere mer d'Transitiounsregierung am Mali, d'Delaie fir d'Organisatioun vu fräien a faire Walen anzehalen. Ons Presenz op der Plaz ass duerch eng Chargée d'affaires renforcéiert ginn. Interessant ass awer och, dass mer do zwee Lëtzeburger Representanten hu vun zwou UNO-Agencen am Mali, nämlech vun der UNDP an der UNFPA.

Mam Niger konnte mer ons laangjäreg Relatiounen nach verstärken dëst Joer duerch en neie véierte PIC fir d'Joren 2022 bis 2026, mat hei engem Rekordbudget vun 145 Milliounen Euro.

Den Niger ass dat ärmst Land op der Welt. An dach hält et dem Terrorismus besser Stand wéi muncher vu sengen Noperen. Onsen ambitiëse Programm mam Niger hu mer während der Aarbechtsvisitt zu Lëtzebuerg vum neien nigresche President Mohamed Basum ënnerschriwwen. Am Secteur vum Waasser si mer do Chef de file vum engem Programm vu ronn 92 Milliounen Euro, déi vun onser Agence, der LuxDev, ëmgësat gëtt a wou d'EU, Dänemark an Holland ons bal 50 Milliounen Euro delegéieren, déi LuxDev geréiert. Och dat beweist d'Qualitéit vun der Lëtzeburger Kooperationsioun an d'Vertrauen, dat mer vun anere Länner kréien.

De Burkina Faso organiséiert den 2. an 3. Dezember eng Konferenz zu Bréissel, fir säin neien nationalen Entwécklungsplang ze presentéieren. Mir wäerte vun där Occasioun profitéieren, fir ons op en neie PIC mam Burkina ze eenegen, fir och si an hiren Efforten ze ënnerstëtzen. No der erfollegräicher Piloterfahrung vum der pangouvernementaler Approche, der Approche par pays, mam Cabo Verde sinn ech ganz frou, dass den Ëmweltministère och am neie PIC mam Burkina mat u Bord ass, fir do gezielt a komplementär Ënnerstëtzung am Kampf géint de Klimawandel ze ginn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire**.- Mir setzen déi pangouvernemental Approche, also d'Approche par pays, konsequent ëm. Fir dëst an d'nächst Joer hunn ech och eng zousätzlech Enveloppe vu 7 Milliounen Euro accordéiert, notament, fir onse Bäitrag am Educationssektuer ze erhéien, fir och a Krisesituatiounen de Kanner eng Bildung ze erméiglechen. Lëtzebuerg huet och hei weiderhin de Rôle vum Chef de file am Educationssektuer am Burkina, och an deem Beräich natierlech en Zeeche vun der Qualitéit vun eiser Aarbecht am Beräich vun der Education.

Am Cabo Verde si mer och dëst Joer eng zousätzlech Ënnerstëtzung vun 2 Milliounen Euro weinst dem negativen Impakt vun der Pandemie op den Aarbechtsmaart an op d'Gesondheetsstrukturen agaang. Doriwwer, och iwwer ons allgemeng Zesummenaarbecht, wäert ech am Dezember am Kader vun enger Commission de partenariat mat der kapverdianescher Regierung schwätzen. Nieft Portugal bleift Lëtzebuerg weiderhin dee wichtigste Bailleur um Cabo Verde.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Deputéierter, ech hunn lech am Ufank vun dëser Ried iwwert déi divers Problemer informéiert, déi mer an enger Rëtsch Länner begéinen, wou mer aktiv sinn. A Länner wéi Nicaragua a Myanmar si mer leider op e Punkt komm, wou mer ons bilateral Hëllef hu misse ganz stoppen, well ons Prinzippe vu Gouvernance, Partenariat a Respekt vun de Mëscherechter net méi agehale goufen. Dat huet mat sech bruecht, dass mer eng strateegesch Reflexioun hu misse féieren iwwert den zukünftege Positionnement vun onser Kooperatioun a verschiddene Géigenden.

An Zentralamerika zum Beispill, wou Lëtzebuerg schonn zanter den 90er-Jore present ass, wäerte mer ons verstärkt um regionalen Niveau opstellen. Nieft dem Klimawandel an dem sanitären a sozio-ekonomeschen Impakt vum Covid-19 ass et d'Verschlechterung vun der Mëscherechtersituatioun, virun allem an Nicaragua, déi ons am meeschte Suerge bereet, och well se riskéiert, op verschidden Nopeschlänner ofzefierwen.

Ons Ambassade am Nicaragua gëtt deemno, wéi gesot, zougemaach a regional repositionéiert. Et geet hei dorëms, déi betraffe Populatiounen net am Stach ze loossen a weider ze ënnerstëtzen, notament iwwer ONGen an UNO-Partner, mee och iwwer innovativ an nohaltege Finanzmechanismen.

Eng Etüd gouf hei lancéiert, fir ons zukünftege Kooperatioun ze orientéieren an eng méi inklusiv sozioekonomesch Integratioun, zweetens eng nohaltege Ëmwelt an Transitioun fir de Klimawandel, an drëtens d'Verdeedegung vun demokratesche Basisprinzipien a Mëscherechter.

Och d'Coopération Sud-Sud an triangulaire an d'Zesummenaarbecht mat onsen europäeschen an internationale Partner wäerten do verstärkt ginn an am Fokus stoen.

An Asie konzentréiert sech eis Kooperatioun weiderhin op ee prioritäert Partnerland, nämlech de Laos. A mir si weiderhin och op Projetsbasis nach am Vietnam an an der Mongolei vertrueden.

D'Covidsituatioun am Laos ass weiderhin alarmant an d'Land kënn net aus dem Lockdown eraus, wat natierlech och en negativen Impakt op ons Programmer an ons Projeten huet. Mir hunn deemno de Start vun onsem fënnefte PIC, deen ech am Juli ënnerschriwwen hunn an dee 95 Milliounen Euro schwéier ass, leider missen ëm ee Joer verréckelen, nämlech op Januar 2023.

Och an der Mongolei, wou mer den 20. Anniversaire vun onser Kooperatioun dëst Joer am Fong sollte feieren, hunn déi unhalend Covidpandemie an déi domadder verbonnen Aschränkunge signifikant Auswierkungen op d'Ëmsetzung vun eise aktueller Projete an der Telemedezinn. Och hei ass et zu Verzögerungen a Verlängerungen komm, an nei Projete wäerte frëstens Enn Mäerz 2022 ufänken.

A last but not least hu mer och am Kosovo eng onofhängeg Etüd lancéiert mam Zil, Pisten opzeweisen, wéi mer an Zukunft kënnen an deem Land aktiv sinn.

Weinst dem bilaterale Récktrëtt aus dem Nicaragua an dem Myanmar an der Onsécherheet, wéi et a Länner wéi dem Mali weidergeet, hu mer och ugefaang, ons an Zentralamerika ze repositionéieren - dat hunn ech elo just gesot - a mir hunn och ugefaang, an Afrika no neie Partnerlänner ze sichen. Meng Visitt am Ruanda war och an deem Kader ze gesinn.

De Ruanda, dee jo laang e Partnerland vun der Lëtzeburger Kooperatioun war, huet e gewëssenen Niveau vun Entwécklung erreecht, deen et ons erlaabt, do eng nei Form vu Kooperatioun ëmzesetzen. Ech hunn an deem Sënn en MoU, deen ech elo natierlech hei wäert gefrot ginn deemnächst, ...

■ **M. Laurent Mosar (CSV)**.- Jo.

■ **M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire**.- ... mat dem Finanzminister ënnerschriwwen, fir de Kigali International Financial Center ze ënnerstëtzen. Dat ass, Här Mosar, mengen ech, an Ärem Sënn.

■ **M. Laurent Mosar (CSV)**.- Ganz a mengem Sënn.

■ **M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire**.- Hei ginn direkt Neel mat Käpp gemaach. Et geet zwar e bëssen an eng aner Richtung wéi dat, wat mer heiansdo hei zu Lëtzebuerg maachen. Hei ginn direkt Neel mat Käpp gemaach, an eng Delegatioun vun techneschen Experten ass dëser Deeg zu Lëtzebuerg, a mir wäerten och eng Ekippe aus Lëtzebuerg op Kigali schécken, fir dëse Projete konkret auszeschaffen, mee och fir d'Kooperatioun an aneren Domänen ze identifizéieren. Eng Pist ass zum Beispill, fir ons Relatiounen mat der regionaler Allianz Smart Africa auszebauen, am Kader notament vun den digitale Kompetenzen. D'Ambitiounen an deem Domän si

grouss a wäerten um Sommet Transform Africa am Mee 2022 virgestallt ginn.

Ech hat awer och um Rand vun der Semaine africaine de la microfinance interessant Gespréicher mat e puer anere Länner aus Westafrika, mat deenen Entwécklungszesummenaarbecht nützlech wär, notament fir d'Aarmut ze bekämpfen an d'Stabilitéit an der Region ze verstärken.

Dir gesitt, et kommen eng Rei Changementer an nei Opportunitéiten op ons duer. Mir musse preparéiert sinn a méi Synergien opbauen tëscht all den Acteuren vun der Kooperatioun, bi- a multilateral, mee och den ONGen, dem Privatsecteur souwéi der Uni an der Recherche. An där gesamtheetlecher Approche mat diversen Acteuren kritt ons Agence LuxDev eng verstärkte Koordinatiounsroll ze spilen. An deem Sënn wäerten d'Statuten, déi nach vun 2004 datéieren an doduerch e bëssen depasséiert sinn, iwwerschafft ginn. An ech hunn och wëlles, e Rapprochement vun der Agence mam Ministère ze maachen, fir zesumme gestärkt a méi effikass un déi nei Erausforderung an der Kooperationsioun erunzegoen.

Léif Deputéierter, Stabilitéit, Sécherheet a Mëscherechter sinn d'Grundsteng vum Développement. D'Affirmatioun vum Kofi Annan, déi vun 2005 staamt, bleift nach ëmmer aktuell: « Il n'y a pas de sécurité sans développement, il n'y a pas de développement sans sécurité, et il ne peut y avoir ni sécurité, ni développement si les droits de l'homme ne sont pas respectés. »

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire**.- An dëst Joer 2021 ass leider erëm e Joer, dat geprägt gouf vun Negativrekorder an deene Beräicher a wou déi humanitär Hëllef op ville Plazen ëmmer méi néideg ginn ass, notament fir déi Mënschen, déi hiert Doheem verlosse mussen, well se viru Gewalt flüchten, well se verfollegt ginn oder weinst dem Klimawandel keng Liewensgrundlag a keng Perspektive méi hunn, déi Mënschen, déi a fragile Kontexter, a chronesch Krisen- oder Krichsgebiddere liewen oder direkt vun Naturkatastrophe beträff sinn an alles verluer hunn.

D'Nout, déi mir am Moment a verschiddene Regionnen erliewen, ass einfach erschreckend. Opgrond vun deene permanent wuessenden Zuele vu befärfene Mënsche gëtt déi international an och déi lëtzebuergesch Nouthëllef ëmmer méi an Usproch geholl an erreecht ëmmer méi oft hir Limiten.

Afghanistan ass e gutt Beispill fir ze illustréieren, wéi eng Ufuerderungen am Moment un déi humanitär Acteuren gestallt ginn. Den afghanesche Staat, deen och an deene leschten 20 Joer senger Verantwortung, essenziell Servicer ze offréieren, nëmmen deelweis, wann iwwerhaupt, gerecht gouf, ass elo komplett zesummegebrach. An déi international Acteuren vun der Entwécklungshëllef, déi virdu bis zu 70 % vun de Servicer gestallt hunn, kënnen aus ville Grënn net méi am Land operéieren. Elo, wou de Wanter sech annonciéiert an och nach d'lesse knapp gëtt, ass et kloer, dass mer kuerz virun enger humanitärer Katastroph sinn. Den humanitäre System ass eigentlech geduecht, fir gezielt ze intervenéieren, Liewen ze retten, eng Éischt-Hëllef-Stellung ze leeschten, mee net, fir de soziale System vun engem ganze Land ze ersetzen.

Eng ganz besuergniserreegend Tendenz ass d'Instrumentalisierung vun der humanitärer Hëllef. Am Moment, wou ech hei schwätzen, riskéieren Honnerttausende Mënschen an der Tigray-Region am Norde vun Äthiopien enger mënschegemaachter Hongersnout zum Affer ze falen. Déi schlëmmsten Hongersnout momentan, seet d'UNO.

Kuerz nodeem de Martin Griffiths, den UN-Coordinateur fir humanitär Hëllef, den 29. September genau heirop opmierksam gemaach huet, goufe siwen héichrangeg Mataarbechter vun UN-Agencë vun der äthiopischer Regierung aus dem Land verwisen. Den humanitären Accès un d'Bevëlkerungen, déi am dréngendsten Hëllef brauchen, ass doduerch nach méi schwéier, wann net onméiglech gemaach ginn.

Den Tigray ass am Moment och wuel déi déidlechst Kriseregion fir humanitært Personal. Dofir muss sech déi international Gemeinschaft nach méi staark fir eng imminent Wafferou asetzen, fir dass déi dréngend néideg Hëllef och do ukënn, wou se gebraucht gëtt. De sougenannten „Nexus“ tëscht Friden, humanitärer Hëllef an Développement huet hei seng ganz Pertinenz.

Loosst mech och nach e Moment op déi regional Flüchtlingkris am Noen Osten agoen. Genau zéng Joer ass et elo hier, dass de syresche Biergerkrich ausgebrach ass an déi ganz Region destabiliséiert huet mat de Konsequenzen, déi mer all kennen. Ech hat d'Geleeënheet, mer perséinlech am September e Bild ze maache vun de Flüchtlingcampen a Jordanien, wou och haut nach Honnerttausende syresch an, net ze vergiessen, palästinensesch Flüchtlinge liewen. Lëtzebuerg mécht säi Bescht, fir déi jordanesche Autoritéite wéi och d'Autoritéite vun deenen anere betraffene Länner an der Region an dëser schwieriger Situatioun ze ënnerstëtzen.





Ech wëll hei nach emol drun erënneren, dass 80 % vun de Refugiéë weltwäit net bei ons an Europa kommen, mee ganz no an hirer Regioun bleiwen. Lëtzebuerg dréit dofir säin Deel bäi mat der Hëllef vu senge strateegesche Partner, wéi dem Welt-ernährungsprogramm, dem UNHCR an enger Rei ONGen, déi och hei eng onersätzlech Aarbecht leeschten. Ons Kontributiounen sinn dofir an där Regierung dëst Joer ëm eng Millioun Euro erhéicht ginn, soudass ons Ënnerstëtzung sech 2021 op 7,5 Milliounen Euro fir d'UNRWA an 10,5 Milliounen Euro fir den UNHCR beleeft.

Well d'Tragik ass natierlech an deene Regiounen, dass et am Fong bal esou eppes wéi e Beautycontest zwëschent humanitäre Krisen gëtt. Wann am Afghanistan eng humanitär Kris ausbrécht, brécht och eng „donor fatigue“ aus, déi et Länner oder Regiounen wéi Jordanien ëmmer méi schwéier mécht, Suen ze kréien, fir hir Flüchtlingskris ze bewältigen.

Virun de villen Erausforderungen hu mer vill investéiert an deene leschte Joren, fir dass ons Nout-hëllef - ech schwätzen hei net nëmme vu mengem Service, mee vun all de Lëtzebuergeschen humanitären Acteuren -, weesentlech méi professionell an effikass konnt ginn. Dofir hu mer dëst Joer och eng nei humanitär Strategie zesumme mat de concernéierten Acteuren ausgeschafft, déi ech lech ganz geschwë waert kënnen virstellen.

Ons Prioritéiten a Schwéierpunkte si méi kloer definiéiert ginn, an Elementer wéi Innovatioun, digital Transformatioun mat Lëtzebuergeschem Knowhow souwéi och dat international humanitäre Recht ginn hei gefërdert, fir e sécheren an onageschränkten Zougang fir humanitär Hëllef ze verbesseren a fir déi vulnerabelst Mënschen ze schützen.

Den néidege Budget fir humanitär Hëllef hunn ech dofir dëst Joer ëm ronn 11 Milliounen Euro erhéicht, notament, fir d'Besoinen a Länner wéi Jordanien, Syrien, Mali, Haiti, Sudsudan, Afghanistan a Jemen besser ze couvréieren. An d'nächst Joer waert den humanitäre Budget op ganzer 60 Milliounen Euro klammen, e Budget, wou ee muss fäerten, dass e batter néideg waert sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, zum Ofschloss vu menger Ried wëll ech jidderengem Merci soen, deen am leschte Joer, wat wierklech keen einfacht war, matgewierkt huet an der Lëtzeburger Entwécklungszesummenaarbecht. Onse ville Partner, bi- a multilateral, de Lëtzeburger a lokalen ONGen, der LuxDev an natierlech onsen Ekkipen um Ministère an op den Ambassaden. Jiddereen huet héijen Asaz bewisen a schwierege Circonstancen. A mir sinn d'Verännerungen an d'Adaptatiounen zesumme mat Kompetenz a mat Professionalismus ugaangen. Dat bréngt ons, dat bréngt onsem Land eng grouss international Unerkennung. An dat soen net ech, mee ons Partner.

Ech zitëieren nach emol de Filippo Grandi während senger Visitt hei d'lescht Woch, dee sot: „D'Flüchtlingskris verschäerft sech weltwäit, mee op Lëtzebuerg kann ee sech verloossen.“ An ech kann lech soen, vu villen Diskussiounen mat Direkteren, mat Kommissäre vun UNO-Agencen: Dat ass keng eenzel Stëmm!

Dofir e grouss Bravo un all d'Acteure vun der Kooperatioun. Zesumme wäerte mer och an Zukunft déi néideg Aktiounen a Reformen duerchféieren, fir en innovativen a flexibele Partner ze sinn, op deen ee sech verlosse kann, mee deen och seng Prinzippien duerchsetzt.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Déi Haaptperspektive fir d'Zukunft gesinn ech follgendermoossen:

D'Covidpandemie wäerte mer weider an der Team-Europe-Approche bekämpfen.

Sou wéi op der COP26 festgehalten, waert ons APD nach méi staark mam Paräisser Accord fir de Klima alignéiert ginn. Dozou gehéiert, dass ons gutt Kollaboratioun a Koordinatioun mam Ëmweltministère a mam Finanzministère weider gestärkt wäerte ginn, gradesou wéi mat de villen aneren Acteuren.

Mir wäerten ons Expertis weider ausbauen a mussen un der Spëtzt vun der Innovatioun bleiwen, fir weider iwwer onser Gewichtsklass ze boxen. An deem Kontext hunn ech wëlles, en Innovation Summit ze organiséieren, wou mer innovativ Acteuren aus dem Privatsecteur, der Société civile, den UNO-Agencen an der Recherche zesummebréngen, fir nei Solutiounen ze fannen, déi den Entwécklungslänner zuguttkommen.

An deem Sënn wäerte mer och nei Partneriater agoen, nei an innovativ Weeër goe mat neie Länner, wéi zum Beispill mam Ruanda, mee och mat aneren a Westafrika an an Zentralamerika.

Mir wäerten d'Effikassitéit an d'Transparenz vun der APD weider stäerkeren. Ech zielen do och op onsen neien integrierten Informatiounssystem, dee gutt virukënn.

A last but not least, d'Dimensiounen vun der Gläicheet a vum Genre grad ewéi vun de Mënscherechter

wäerte weiderhi verstärkt an all Kooperationsaktiounen agebonne ginn. Nëmmen esou kënnen mer eng méi nohalteg, eng méi resilient a méi inklusiv Entwécklung erreechen a keen zrëckloossen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn dem Här Kooperationsminister Akt vu senger Deklaratioun.

Mir kommen elo zur uschlëssender Debatt. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgehalten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, den Här Gusty Graas, d'Madamm Lydia Mutsch, d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Fred Keup, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Marc Goergen. Här Paul Galles, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

■ **M. Paul Galles (CSV).** - Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, ech soen lech Merci fir deen Tour, deen Der elo mat eis gaange sidd, eng kéier ronderëm d'Welt souzesoen, fir d'Kooperationspolitik an déi humanitär Ugeleeënheeten, déi Lëtzebuerg vertrëtt, eng kéier ënnert d'Lupp ze huelen.

Merci fir déi engagéiert Wieder, an ech wëll dee Merci, deen Dir un Är Ekkipen ausgeschwat hutt, och hei vun eiser Säit, vun der Fraktioun vun der CSV, ënnerstëtzen, well mer wierklech der Meenung sinn, dass hei vill ganz gutt Aarbecht geleescht gëtt.

Ech soen lech och besonnesch Merci, dass Der gewëssen Akzenter an Ärer Ried hat, wéi zum Beispill den Aspekt vun der Pandemie eng kéier ze belichten, ënner wat fir engen Ëmstänn iwwerhaapt am leschte Joer huet misse geschafft ginn. An Dir hutt och schonn eng ganz Rei Äntwerte ginn op déi Froen, déi ech hat zum COVAX-Mechanismus, soudass ech déi elo a menger Ried hei op der Säit loos-sen.

Merci och fir Är Wieder zu där schwiereger Situatioun am Nicaragua. Merci och zu deene Wieder zur Hongersnout an Äthiopien an och fir déi zéng Joer Krich a Syrien, wat eng Geschicht ass, déi mech selwer ganz staark betrëfft, well ech kuerz virum Ausbruch vum Krich nach a Syrie war a mat ganz ville Leit deemools zesumme Saachen erliift hunn, vun deenen ech elo weess, dass déi duerno ënnert dem Krich gelidden hunn a souguer gestuerwe sinn.

Wann ee sech freet, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat d'Lëtzeburger Kooperatioun eigentlech ass, da geet et duer, an d'Strategie 2030 kucken ze goen an da fënnt een eraus, dass se dat Zil huet, fir déi extreem Aarmut op dëser Welt ze reduzéieren, vläicht souguer ganz auszeradéieren duerch e Bäistand zu enger nohalteger Entwécklung op ekonomeschem a sozialem Plang an op dem Ëmweltplang. An dat sinn immens grouss Ziler.

D'Definitioun vun der Kooperatioun, vun der Lëtzeburger Kooperatioun, ass eng gutt Definitioun. Do stécht ganz viles dran. An dat geschitt duerch déi véier prioritär Thematiken, déi Dir och virdrun, Här Minister, hei genannt hutt: déi sozial Basisservicer, d'Integratioun vun de Fraen an deene Jonken, den nohaltegen an inklusive Wuesstum an och d'Inklusioun vun der Gouvernance.

An et geschitt och duerch déi dräi transversal Strategien, déi mer dëst Joer hei an der Chamber schonn eng kéier, et war nach do iwwer am Cercle, diskutéiert hunn, nämlech Gender, Klima, Finanzen. An ech wëll nach eng kéier dem Lydia Mutsch Merci soen, wat deemools d'Iddi hat, fir eebe genau déi Strategien op den Ordre du jour ze setzen, fir deemools eng Tëschenevaluatioun vun der Kooperationspolitik vu Lëtzebuerg während dem Joer ze maachen. An et geschitt och duerch d'Integratioun vun 12 vun de 17 Nohaltegkeetsziler an eis Kooperationsstrategie.

Et geschitt mat Partner, multilateral a bilateral. Et geschitt op Regierungsniveau. Et geschitt duerch ONGen, deenen ech och eng kéier wëll Merci soen an eisem Numm fir dee villen Asaz, dee se leeschten. Et geschitt duerch d'Universitéiten. Et geschitt duerch de Privatsecteur. A ganz vill Acteure si matimplizéiert an eng grouss Strategie, fir eng gutt Kooperationspolitik hei zu Lëtzebuerg an dës Welt eran ze maachen.

Et geschitt mat Finanzen, mat engem Prozent vum RNB, an d'CSV-Fraktioun ënnerstëtzt mat allem, wat mer sinn, dat Zil, dass dat och bei deem enge Prozent do bleift. A mir ënnerstëtzen och de Prinzip vun der Additionalitéit, dass deen ee Prozent vum RNB bleift an niewendrun déi Sue fir d'Finanzéierung vun Internationalen, d'Finanzéierung vun der Klimagerechtgheet an och d'Finanzéierung vun der Opnam vun de Flüchtlingen dovun getrennten Dëppe sinn an dass mer dofir eng Additionalitéit hu vu verschiddene Finanzmëttelen, déi allen dräi zesummen zu enger grousser Zilgeebung féieren.

Et geschitt a prioritäre Partnerlänner. An eng ganz Rei vun eise prioritäre Partnerlänner leien eeben an enger Regioun, déi ganz interessant ass, nämlech

grad a Westafrika a ronderëm d'Sahelzon. Et geschitt och a Projetslänner. An Dir hutt virdru grad gesot, dass mer a 40 Länner engagéiert sinn. Et geschitt mat enger Bereetschaft och zur humanitärer Hëllef, dat hutt Der zum Schluss vun Ärer Ried nach gesot, iwwerall do, wou et am Laf vum Joer dann op eemol néideg waert ginn. Et geschitt mat engem Bléck op d'Politikkohärenz, dass een net mat där rietser Hand eppes gëtt a mat där lénsker Hand erëm ewechhëlt, eppes, wat vill ze oft scho passéiert ass. An dofir ass et wichteg, dass mer de Bléck grad dorop behalen, déi Kohärenz, déi fair Politik ze halen, dass mer eeben net dat erëm ewechhuelen, wat mer op engem anere Wee ginn hunn. An et geschitt och duerch eng pangouvernemental Approche, duerch de CID, de Comité interministériel.

A wann ech lech dat, Här Minister, direkt mat op de Wee däerf ginn: Am Gespräich mat den ONGen ass kloer ginn, dass si sech géife wënschen, nach méi doran agebonnen ze ginn an déi Dynamik, fir kënnen och selwer hir Stëmm an där Dynamik, an där participativer Dynamik, ze erhiewen.

A wat doran, an dëser Kooperationsstrategie, wierklech faszinant ass, an dat wëll ech am Ufank vun dëser Ried och soen, wat wierklech faszinant ass, ass éischstens, dass mer eis Kooperationspolitik maachen ausgeeënd vun engem Wäertekodex. Mir hunn eng Visioun. Mir hunn eng Siicht op dës Welt, eng positiv Siicht op dës Welt an hir Mënschen. A mir wëllen als Lëtzebuerg eise Bäitrag dozou leeschten, dass et op dëser Welt méi gerecht zougeet.

Dat Zweet ass eisen Usaz vun der Hëllef zur Selbst-hëllef. Mir wëllen net aner Länner, Partner, Mënsche vun eis ofhängeg maachen, mee mir wëllen derzou bäidroen, dass se sech selwer kënnen hëllefen an dass se iergendwann eng kéier, wann et dann esou gewollt ass a wann et dann endlech esou wäit kéint sinn, kënnen onofhängeg ginn.

An dat Drëtt ass: Mir hunn tatsächlech grouss Ziler an eiser Kooperationspolitik. An dat gréissten Zil, an Dir kënnt lech virstellen, dass dat mech fasziniéiert, ass dat vun der Ausradéierung vun der extremer Aarmut an der ganzer Welt.

Fir dëst Joer, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, iwwert d'Kooperationspolitik vu Lëtzebuerg ze kucken, wëll ech e bëssen en aneren Usaz wéi wéi déi aner Joren. Ech wëll net klassesch virgoen am Sënn, dass ech nach eng kéier duerch d'Länner ginn, déi den Här Minister elo alleguerte genannt huet oder déi eenzel Projeten nach eng kéier kucken oder d'Strategien an d'Ziler nach eng kéier duerchkucken, duerchfuerschen oder vläicht souguer hannerfroen.

Mee ech wëll ee Focalpoint huelen, ee Fokuspunkt, a vun deem aus probéieren, eis Kooperationspolitik ze verstoen an ze duerchlichten. An zwar wëll ech dat maachen ausgeeënd vun der Aktualitéit, déi mer am Moment op dëser Welt hunn, nämlech ausgeeënd vun deem, wat ech selwer zesumme mam Carlo Back op der COP26 duerft erliewen, nämlech den Afloss vun der Klimakris op eis weltwäit Politik, op eis Aussepolitik, op eis Sécherheetspolitik, an haut - an Dir wäert mer erlaben, dass ech mech dorobber konzentréieren - op eis Kooperationspolitik. Well ech si fest dervun iwwerzeegt, dass d'Klimakris dee groussen Trigger an déi grouss Erausforderung gëtt, déi ganz grouss Erausforderung vun der Kooperationspolitik, zumindest an deem nächste Joerzéngt, wann net an deenen nächste Joerzéngten, an dass et dee groussen Trigger waert ginn, deen eis ëmmer erëm waert derzou féieren, ze iwwerleeën, ob dat, wat mer an der Kooperationspolitik maachen, net nach eng kéier nei muss iwwerduecht ginn an net nach eng kéier nei muss identifizéiert ginn.

De Gerd Müller, däitsche Minister vun der Entwécklungszesummenaarbecht - elo nach, a wie weess, ob säi Ministère dann nach bestoe bleift -, huet eng kéier gesot: „Klimaschutz ernst nehmen heißt: Wir müssen nicht nur im eigenen Land handeln, sondern vor allem unser Engagement für den globalen Klimaschutz massiv ausbauen. Denn Klimaschutz ist eine Überlebensfrage der Menschheit.“

An op där anerer Säit steet déi Feststellung, déi mer ëmmer erëm mierken - mir mierke se hei zu Lëtzebuerg, awer och, wa mer op déi ganz Welt kucken -, wéi d'Klimakris am Moment zouschléit.

„Klimaschutz muss ee sech kënnen leeschten.“ Dat ass eng Feststellung aus engem Leitartikel, ech mengen, e war aus dem „Lëtzeburger Wort“ vun dëser Woch. An dat ass sécherlech e Saz, deen zoutréfft op d'Kooperationspolitik. An ech wëll dee Saz elo e bëssen eng kéier durchdeklinéieren duerch dat, wat ech hei preparéiert hunn.

Et ass wouer, d'Kooperationspolitik ass vill méi, wéi nëmmen elo op d'Klimakris ze kucken. Et si vill méi Saachen, et si vill méi Aspekter - Dir, Här Minister, hutt Der selwer vill genannt. An ech ginn der-vun aus, dass d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus deenen anere Fraktiounen herno nach aner Aspek-

ter a Perspektiven op dës Problematik oder op eis Politik vun der Kooperatioun wäerte leeën.

Mee et ass awer interessant, eis Kooperationspolitik eng kéier ze duerchlichten ausgeeënd vun der Fro vun der Klimakris. Well éischstens gehéiert d'Klima schonn zu eiser transversaler Strategie, dat heescht, mir si scho liicht preparéiert. Mir hunn de Mindsetting dofir. Dann ass et awer och esou, dass mer dee Prinzip vun der Additionalitéit hunn, an do kënnt eeben dat Dëppen derbäi vun der internationaler Klimafinanzéierung, vun der Klimagerechtgheet, wou et wichteg ass, dass een déi Dëppen do gutt ënnerscheet. An trotzdeem waert sech an Zukunft d'Fro stellen, ob déi Finanzstréim, déi Finanzdëppen net mussen nach iergendwéi austaréiert ginn, fir dass et och wierklech cibléiert ass op déi Problemer, déi sech an der Kooperationspolitik an duerch d'Klimakris erginn.

Dann ass et dach esou, dass mir als Lëtzebuerg gewinnt sinn, op globalem Niveau ze denken. An Dir hutt och virdrun all déi Netzwierker genannt, an deene mer elo scho vertruuede sinn, zum Beispill op EU-Niveau mam Team Europe, oder op UNO-Niveau, wou et natierlech grad elo vun der COP26 hier dat grousst Netzwierk war, an deem déi ganz Klimakris geduecht ginn ass.

An dann ass et och esou, dass eeben eng Regioun, ëm déi mir eis an der Kooperationspolitik besonnesch zentral a prioritär këmmern, nämlech de ganze Sahel a Westafrika, also déi afrikanesch Zon, dass déi zu deenen Zone gehéiert, zu deene Regiounen, déi vun der Klimakris op dëser Welt mat am stärkste wäerte betrëfft sinn. An dofir waert och eis Kooperationspolitik dovun ganz staark betrëfft sinn. An ech erlabe mer, mech haut an dëser Ried zur Kooperationspolitik eebe besonnesch dorop ze konzentréieren, an net op déi aner Länner.

Et betrëfft natierlech all d'Länner op dëser Welt, wa mer vun der Klimakris schwätzen. Et betrëfft déi ganz Welt. A wann et stëmmt, dass een e globale Problem mat enger globaler Lösung muss léisen, da gëtt d'Kooperationspolitik vun den nächste Joren a Joerzéngten en enorm wichtige Facteur an der Lösung vun dësem Problem.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen nämlech, dass et kéint sinn, dass et e Paradigmewiessel an der Kooperationspolitik vun den nächste Jore kéint ginn. Mir hate jo schonn eng kéier dee ganz grouss Paradigmewiessel. Deemools, viru laange Joren, do war Entwécklungszesummenaarbecht, Entwécklungshëllef, esou en Top-down-Schema. Déi eng hunn eppes ginn, déi aner hu geholl, si konnten awer näischt zrëckginn. Dat war esou e bëssen Almosegeeberei an et war eigentlech de Contraire vun de Fair Politics. Oft ass dat zrëckgeholl gi mat der lénsker Hand, wat déi riets Hand ginn hat.

Dee grouss Paradigmewiessel hin zur Entwécklungszesummenaarbecht mat eenzelne Partner ass natierlech dee Modell, dee mer elo nach ëmmer verfolge: op Aenhéicht, wou een d'Gouvernance organiséiert, d'Zesummenaarbecht mat de Locals, mat deene Leit, déi wierklech direkt betrëfft sinn, mat de Stakeholder, an och theemebaséiert eebe grad op déi Theemen, déi mer hunn, a wou mer dun ugefaangen hunn, zesummen ze schaffen an zesummen e Projet auszeschaffen, mat deem een herno eppes ka bewierken.

An ech mengen, dass elo nach eng kéier e Paradigmewiessel fir d'Kooperationspolitik an den nächste Jore kéint ustoen, well déi Fro vun der Klimakris waert derzou féieren, dass d'Kooperationspolitik vum globalen Norden, wa mer en esou därefen nennen, hin zum globale Süden, also d'Zesummenaarbecht mam globale Süden, zu enger globaler Dynamik muss ginn. Eng global Dynamik, déi Lëtzebuerg nach vill méi fest a grouss Netzwierker abanne wäert, wou et drëms geet, dass eis Kooperationspolitik dozou hëllef, dass mer hannen um Enn déi Klimakris hei global a weltwäit geléist kréien.

A wann Der erlaabt, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, da wëll ech ganz kuerz erklären, wat menger Meenung no d'Verbindung ass tëschent Kooperationspolitik a Klimakris, esou, wéi mer se och op der COP26 erkläert kruten a wéi se mech immens staark markéiert huet, well ech mer geduecht hunn: Hei ass wierklech déi Aart a Weis, fir ze verstoen, wou dann d'Kromm an der Heck läit fir déi nächst Joren. Et geet ëm dat Thema vun der Historical Responsibility, déi historiesch Responsabilitéit vun de Länner aus dem globalen Norden.

Wann een elo géif vun haut op muer d'Treibgasemissiounen op null erofschrauwen, vun haut op muer einfach domat ophalen, da géif sech d'Ärderwärmung, d'Temperatur, apendelen op deem Niveau, dee mer momentan ongeféier hunn: 1,1 Grad. Wann een also elo direkt géif op null goen, géif ee bei 1,1 Grad-Temperaturerwärmung kommen. Dofir kann een, wann een e bësse strukturiert driwwer nodenkt, dat andeelen an dat, wat bis elo geschitt ass an dat, wat vun elo u passéiert, soudass et awer net bei 1,1 bleift, mee dann - leider, wéi et schéngt - och am Moment nach ëmmer vun der Trajektoir hier doriwwer erausgeet.





Wat war bis elo? Wann een déi Historical Responsibility e bësse kuckt an déi Äerderwärmung vun deenen 1,1 Grad do emol nach eng Kéier probéiert opzeschlësselen, an et geet een e bësseen an „Our World in Data“ wullen, da fënnt een eraus, dass d'Responsabilitéit vun där Äerderwärmung ongeféier zu 75-80 % an den Hänn vun den Industrielänner läit, ongeféier 10-20 % - et ass net ëmmer ganz kloer, et ass net ëmmer ganz prezis, mee Dir kënnt verstoen, woufir - an der Responsabilitéit vu China a vun anere Schwellelänner, an nëmme 4 % vun där Responsabilitéit vun der Äerderwärmung an den Hänn vun den Entwécklungslänner.

De Boris Johnson - ech betounen, de Boris Johnson!, dee jo den Host war vun där COP26 zu Glasgow -, de Boris Johnson huet am Virfeld vun der COP26 geschwat vun der historiescher Responsabilitéit vu sengem Land fir déi Klimaerwärmung an där Welt. An natierlech hu se eng aner Geschicht wéi mir mat hirer ganzer kolonialer Geschicht. An trotzdem, en huet eng Kéier ëmschriwwen an och konkret gemaach, wat déi Historical Responsibility, déi historiesch Responsabilitéit, fir deen Zoustand, dee mer an där Welt am Moment hunn, konkret ka bedeuten.

A wann een op där enger Säit dat kuckt, wat bis elo war, an op där anerer Säit dat kuckt, wat vun elo u kënnt, da stellt sech jo déi Fro: Wat passéiert elo? An d'Industrielänner, inklusiv d'EU, hu sech jo virgeholl, esou séier wéi méiglech klimaneutral ze ginn. Dat heescht, mir maache Mitigationen, mir probéieren, op erneierbar Energien ëmzeswitchen, esou séier wéi méiglech. Mir maachen Adaptation, dat heescht, mir maachen dat, wat mer elo probéieren, hei zu Lëtzebuerg ze installéieren, fir eis géint Iwwerschwemmungen ze wieren an ze preparéieren, dat heescht, mir maachen eng Preventivaarbecht. A mir probéieren, esou séier wéi méiglech op d'Klimaneutralitéit ze kommen.

Awer d'Schwellelänner an d'Entwécklungslänner sinn an enger ganz anerer Situatioun: Si sinn an der Situatioun, dass se natierlech och probéieren, Mitigationen ze maachen, also erneierbar Energiesystemer opzebauen, dass se ganz vill Adaptation musse maachen, well se scho méi staark betraff si vun de Klimaschied, wéi mir dat selwer sinn. An da gëtt et e ganz neit Dëppen do vu „loss and damages“ - iwwregens en Theema, wou Lëtzebuerg zesumme mat Jamaica op der COP26 eng ganz wichteg Roll gespillt huet bei der Facilitéierung vun där Diskussioun.

Natierlech gëtt et esou eppes wéi moraleschen Drock, fir eis Responsabilitéit ze iwwerhuelen, eis historiesch Responsabilitéit, an och eis Vue op de globale Süde kloer am A ze behalen, well si verdängt hunn, dass mer eisen Deel derzou bäidroen, dass si kënnen aus deem Schued erauskommen, an deem se sinn.

An op där anerer Säit gëtt et och eng politesch Verantwortung, fir d'Zukunft an eis selwer esou opzestellen - an do ass eeben dann och d'Kooperationspolitik, mengen ech, gefuerdert -, dass mer dee Gruef tëschent globalem Norden a globalem Süde probéieren, méi kleng ze maachen. An do sinn natierlech déi 100 Milliarden Dollar, déi eigentlech vun 2020 un all Joers sollte vun Norden no Süde fléissen, e wichtegt Element. Leider ass et nach ëmmer net esou, dass et wierklech passéiert.

A wa mir eis als Lëtzebuerg inklusiv mat eiser Kooperationspolitik op déi dote Verantwortung aloossen a wa mer eis dorop astellen, da wäert sech natierlech d'Fro stelle vun eiser finanzieller Strukturierung. A mir hunn eng Finanzstrategie. Wéi wäerten déi Finanzdëppen herno matenee korrespondéieren? Wéi wäerte se een deem aneren zouspillen, fir dass mer déi Klimakris wierklech zentral uginn? An et ass déi Fro, ob mer eis dann och bewosst sinn, dass mat enger transversaler Strategie d'Klima héchstwahrscheinlech net méi gemaach ass, well mer eis da mussen zentral mam Theema vun der Klimakris befaassen, well d'Klimakris den Haapttrigger gëtt vun der Kooperationspolitik vun den nächste Joren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech erlabe mer, ausgeend vun deem Theema de Bléck eng Kéier e bësse méi genau op déi Länner ze werfen, déi mer an Afrika begleeten, beziéungsweis iwwerhaupt op déi Regioun Afrika, de Kontinent Afrika, mat engem besonnesche Fokuspunkt op déi Region, an där mir mat der Kooperationspolitik aktiv sinn.

Zwee Drëtter vun den am mannsten entwéckelte Länner leien an Afrika. D'Temperatur klëmmt do méi séier wéi am Rescht vun der Welt. An et gëtt Regiounen an Afrika, wou d'Temperatur scho längst méi wéi 2 Grad Celsius iwwert deem ass, wat mer als Referenzpunkt uginne hunn.

An dann ass et och esou, dass Naturkatastrophen an deene Länner oft zu engem Schued féieren, deen elo zéngmol méi grouss ass wéi virduer, well och keng Main d'œuvre a keng Mëttele méi do sinn, fir dee Schued ze behiemen a sech da vun Naturkatastroph zu Naturkatastroph de Schued potenziert, multipliziéiert an ëmmer méi déif gëtt.

De Kontinent Afrika ass vun der Klimakris tatsächlech esou staark betraff, dass eis Kooperationspolitik zentral mat där Fro an Zukunft nach méi a méi wäert beschäftegt sinn. Zum Beispill: En Artikel am „Spiegel“ huet iwwer Kenia gesot, dass an der Reenzäit, déi elo am Oktober ugestanen huet, zwar am Weste ganz vill Ree gefall ass, mee an deene Géigenden, déi souwisou schonn dréche sinn an déi de Ree gebraucht hätten, ass et dréche bliwwen. Kee Waasser, kee Weedeland, a si rechnen dermat, dass 2,4 Milliounen - 2,4 Milliounen! - Kenianer an Aarmut an am Hunger wäerte liewen.

Op ville Plazen ass d'Temperatur esou héich, dass de ganze System schonn duerchenaner geroden ass. An et gëtt och dervu geschwat, dass 30 bis 50 Milliarden Dollar pro Joer missten an déi dote Géigende fléissen, fir d'Upassung - eleng d'Upassung - vun Afrika un déi momentan Situatioun ze finanzéieren, an dass Afrika selwer just 10 % dovou kéint opbréngen.

E Bericht vun der Weltwiederorganisatioun a vun der Afrikanescher Unioun huet gewisen, dass d'Iwwerschwemmungen, d'Dréchenten, awer och dann d'Äerdrutscher ëmmer méi zu Aarmut an zu Hongersnout féieren. Afrika spiert d'Konsequenze vum Klimawandel vill méi staark wéi aner Plazen op där Welt. D'Gletscher an Ostafrika schmälzen, zum Beispill am Kenia - mer hu schonn driwwer geschwat -, an Tansania, an Uganda.

Ech wëll eng Klammer opmaachen: Och op anere Plaze vun der Welt schmälzen d'Gletscheren. De Bhutan wäert an eng ganz schwierig Situatioun kommen, well d'Gletscheren am Himalaya och schmälzen, an dat sinn d'Spächere vun hirem Drénkwaasser. An dee Moment wäert e Kampf, e Konflikt, vläicht souguer e Krich kënnen entstoe weinst dem Waasser. An et gëtt och héichrangeg Militären op där Welt, déi soen, dass d'Waasser wäert den Ueleger oder d'Gold gi vun der Zukunft, eebe grad, well d'Drénkwaasser net méi wäert zur Verfügung stoen, wéi dat bis elo de Fall war. An da wäerte grouss Länner a kleng Länner a Konflikt geroden, fir hir Waasserressourcen iwwerhaupt nach kënnen ze gebrauchen.

An domat kommen natierlech och indirekt Suiten - ech sinn elo erëm zrëck bei Afrika -: Schädingen, wirtschaftlech Depressioun, politesch Instabilitéit. An et gëtt eebe Berechnungen, déi soen, dass ee bis 2030 muss mat 118 Milliounen Mënsche rechnen, déi an Afrika manner wéi 1,90 Dollar pro Dag hu fir ze liewen. An dat nennt een eeben extreem Aarmut.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech weess, ech maachen hei eng Beschriewung vun enger Situatioun, wou et fir eis alleguerte kloer ass, dass se dramatesch ass. An et ass, mengen ech, gutt, dass mer se och eng Kéier an Zuele faassen an och eng Kéier kucken, wéi eis Kooperationspolitik an eis historiesch Responsabilitéit domat ze dinn hunn.

An ech gesinn dräi Beräicher, an deenen ee sech elo muss kënnen strukturell opstellen, fir dogéint virzegoen. Den éischte Beräich ass dee vum Klimaschutz a vun der Upassung: Zum Beispill Bewässerungsstrukturen ze schafen, ze kucken, wéi ee Stied nei kann uerdnen, wéi iwwerhaupt de bewunnte Raum kann nei geuerdent ginn. Dat Zweet ass d'erneierbar Energie an d'Energieeffizienz an deene Länner. An dat Drëtt ass zum Beispill déi nohalte Stadentwécklung, an des Kéier wierklech mat engem Fokus op d'Stied. Si selwer si jo net virun allem d'Versaacher vun deem Problem, dee se hunn. Dat heescht, si hu verdängt, dass mir eis mat eiser Kooperationshëllef hannendru stellen an hinnen hëllefen, sech esou opzestellen, dass si hir Zukunft kënnen selwer gestalten.

An ech wëll, wann ech déi doten dräi grouss Theme genannt hunn, einfach elo véier kleng Punkten erausgräifen, einfach Beispiller, well et wär esou viles ze soen. An ech wëll einfach just beispillhaft déi véier Punkten eng Kéier esou ginn.

Dat Éischt ass: D'Gefor ass jo grouss, dass Afrika zu engem groussen Emittent vun Treibhausgaser, vun CO<sub>2</sub>, kéint ginn. Woufir? Well et schéngt, dass 2019 600 Milliounen Mënschen an Afrika kee Stroum haten. Dat heescht, d'Bedierfnes, de Besoin vu Stroum ass enorm grouss an dee muss jo iergendwou hierkommen. A wann dann an deem Moment zum Beispill e Land wéi China kënnt a seet: „Ma mir bidden lech elo hei groussaarteg Kuelekraaftwierker un!“, dann ass déi Versuchung natierlech immens grouss.

Dat heescht, grad mir - an dat ass och eng Aufgab vun der Kooperationspolitik, awer net nëmme -, grad mir als déi europäesch Länner, zesumme mat aneren Industrielänner, mat den USA, mat anere Partner, mussen derfir suergen, dass et intelligent a gutt Alternativen an deene Länner gëtt, dass mer hinnen kënnen hëllefen, Energiesystemer opzebauen, déi nohalte sinn an déi eeben net op fossillen Energie baséieren. Dat ass dat, wat een oft an der Wëssenschaft de „Leapfrogging“ nennt, op Lëtzebuergesch géif ee soen: d'Bocksprangen. Mir iwwersprangen eng Etapp. Well déi Länner si jo elo eigentlech an der

Haltung ze soen: „Ma mir hunn elo d'Méiglechkeet, endlech emol Stroum ze produzéieren. Kommt mat Äre Kuelekraaftwierker, da maache mer dat, da kënnen mer endlech op deen Niveau kommen, op deem Dir sidd an Ären entwéckelte Länner!“

Mee genau déi Etapp ze iwwersprangen an ze soen: „Ma wann et geet ouni Kuelekraaftwierker, mir kommen hin, fir erneierbar Energiesystemer opzebauen“, da wär dat dach den entscheidende Punkt an och dee Bäitrag, dee mir kéinte leeschten, zesumme mat eiser Lëtzebuurger Kooperationspolitik, fir dass dat erreecht gëtt, wat mer alleguerte wëllen, nämlech dass d'Klimakris weltwäit bekämpft gëtt an dass mer eeben och do net dee Gap behalen tëschent globalem Norden a globalem Süden an net nach eng Kéier déi riets Hand ganz vill gëtt an déi léns Hand et erëm ewechhëlt.

Eng Iddi, déi sech zum Beispill an deem Kontext ergëtt, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass déi, déi schonn an enger Rei afrikaneschen Dierfer a Quartieren ugewannt gëtt, nämlech déi sougenannt Minigrids: Solaranlagen - Sonn steet meeschtens genuch zur Verfügung -, déi dann an engem geschlossene System e ganze Quartier, e ganz Duerf, vläicht souguer bis hin zu enger ganzer Stad kënnen versueren. De Virdeel ass Onofhängegkeet, an dass och net muss agespeist ginn an e grousst Netz, an natierlech, dass genuch Sonn do ass, fir dat do iwwerhaupt ze leeschten. En nohaltege Wuessstum opgrond vu bëlleger Energie, déi selwer a sech nohalteg ass.

Dat Zweet, wat ech wollt soen ... Genau: dezentral. Dat Zweet, wat ech wollt soen, an ech erlabe mer do mat deem zweete Punkt, eng kleng Klammer opzemaachen, well héchstwahrscheinlech eng Rei vun lech änlech E-Maile krute wéi ech am Virfeld vun där Debatt vun der Kooperatioun, wou et ëm d'Fro gaangen ass, ob et eng Kohärenz gëtt an der Responsabilitéit, an der Organisatioun vun de Human Resources an de groussen Organisatiounen. Ech wëll net weider op den Detail vun deenen E-Mails agoen. Ech wëll einfach déi Lektionen ervirhiewen, déi mer kënnen aus deem erauszéien, wat mer do bericht kruten a wat mer gesot kruten.

Et ass wichteg, an ech gi fest dovun aus an ech gleewen dat och an ech wëll och dofir déi Lëtzebuurger Kooperatioun luewen, dass eng grouss Kohärenz an der Lëtzebuurger Kooperatioun besteet an herrscht an dass déi och bleift. Mee et schéngt net iwwerall esou ze sinn, och bei internationalen Netzwierker, bei internationalen Organisatiounen. Déi Prinzippien, déi mer doraus mussen erauszéien, fir eis Kooperationspolitik iwwerhaupt, si jo, dass et keng Détournements de fonds därerf ginn, dass och déi Agenten integer Mënsche mussen kënnen sinn, op déi ee ka vertrauen an déi och wierklech dat als Mënschen ëmsetzen, wat se professionell vertrieben, an dass och keng Kooperatioun a keng Vetterwirtschaft besteet.

Nach eng Kéier ganz kloer e Luef fir déi ganz Lëtzebuurger Kooperationspolitik, do wou se dat doten anhält, sech dofir asetzt a wou eis genau déi dote Kohärenzen, nämlech déi „fair politics“, déi iwwer Mënsche leeft, bewosst ass a wou mer déi och afuerderen - well Kooperationspolitik gëtt hanneren um Enn ëmmer vu Mënsche gemaach.

Deen drëtte Punkt, deen ech wollt kuerz erwänen, ass deen: Wa mer scho beim Theema vun de Minigrids oder de Microgrids, den dezentralen Netzwierker, waren, da wëll ech awer och eppes soen iwwert d'Energieversuergung am groussen Ganzen.

Ech wëll do zrëckkommen op en Theema, wat mech - awer, ech weess, och aner Kolleeginnen a Kolleegen hei an der Chamber - immens fasziniert a wat mer eng Kéier an enger Ëmwelt- an Energiekommissionen haten als Diskussiounstheema, an zwar deemools nach zesumme mam Energieminister, wéi mer geschwat hunn iwwert déi Energieinselen an Dänemark, déi jo e ganz interessante Projet sinn. A mir hunn iwwregens als CSV och do eng Convocatioun erausgeschéckt, fir eng Jointe eng Kéier ze kréien, ech mengen, fir den Deel Kooperatioun zesumme mam Deel Ëmwelt. An ech wëll hei nach eng Kéier, Här President, och ganz gären drun erënnere, dass mer eis ganz vill driwwer géife freeën, wann déi Jointe eng Kéier géif aberuff ginn.

Et geet ëm d'Iddi vun der Energiezesummenaarbecht, Energiezesummenaarbecht mat Partner aus der Kooperatioun, zum Beispill d'Kapverden. De Carlo Back huet mer op der COP26 erkläert, aus senger Erfahrung mat de Kapverden, dass d'Kapverden eng Zäit laang e ganz groussen, ee vun de gréissten, Kuelenhafen vun der Welt waren, dee ganz vill ugelaft ginn ass a wou natierlech e Ravitaillement gemaach ginn ass, fir dann erëm erauszefueren. Firwat net mat de Kapverde grad op engem Niveau ufänken ze schafen, dass d'Kapverden esou en Hafen, en Hub gi fir erneierbar Energien? Dat wier dach méiglech!

De kuerze Resümee, ech maachen dee just vun eiser Iddi, an an der Jointe kënnen mer se dann, mengen ech, am Detail nach eng Kéier besser duerchoen. De kuerze Resümee vun där Iddi ass deen, dass d'Produktioun vun erneierbarer Energie jo grad an deenen dote Länner opgrond vun hirer

Sonnenastralung, vun de Solarméiglechkeeten immens grouss ass. Do hu mer dach immens vill Potenzial! Dat muss een dach kënnen notzen, wa mer scho mat engem Partner zesummeschaffen.

An de Prinzip ass, dass d'Energie muss fir d'éischt kënnen fir si selwer genotzt ginn, fir dass mer eis am Prinzip vun der Hëllef zur Selbsthëllef trei bleiwen, an dann de Surplus awer och fir d'EU an domadder och fir Lëtzebuerg kënnen notzen. Mir hunn déi géeegeent Finanzinstrumenter, dat sinn Experten an de Finanzinstrumenter, fir esou grouss Projeten ze ënnerstëtze mat all deem, wat een hannendrun als Finanzënnerstëtzung brauch. Mer kéinten dat parallel zu engem Ausbau vum Tourismussektor op de Kapverde maachen, wou jo scho ganz viles leeft. Dat wär jo nach eng Kéier en zousätzleche Projet.

Ech hunn de PIC vun de Kapverden extra a Preparatioun vun där Diskussioun haut den Nomëtteg hei gelies. Ech mengen, dat géif an de PIC tëschent Lëtzebuerg an de Kapverden och erapassen. An d'Perspektiv wär jo och interessant fir de grénge Waasserstoff. Wann eng Kéier d'Kapverden esou e groussen Hub waren fir Energie, firwat net elo eebe grad fir d'Schëfffaart en Hub draus maache fir grénge Waasserstoff, deen een dann awer och kéint bis bei eis an d'EU an dann och op Lëtzebuerg transportéieren. Do sinn enorm Potenzialen, an déi kéinten an Zesummenaarbecht mat der Kooperationspolitik realiséiert ginn.

An da kënnt nach e Punkt derbäi, an Dir hutt, Här Minister, de Meritt, deen och wierklech genannt soll sinn, an ech hunn dat ganz wichteg fonnt, nämlech dass mer domat och eppes maache fir d'Zukunft an d'Perspektive vun deene jonke Leit an Afrika, well grad do den Altersduerschneitt esou déif ass, dass et fir eis och eng Verantwortung ass, derfir ze suergen, dass déi Kanner an déi Jugendlech, déi jonk Leit an Afrika, an den afrikanesche Länner Perspektive gebuede kréien, déi mir mat hinne kënnen zesummen entwéckelen.

An erlaabt mer nach e véierte kleng leachte Punkt zu deem Theema vun der Klimakris als Trigger fir d'Entwécklungszesummenaarbecht. An der Strategie fir d'Ëmwelt an de Klima hu sech d'ONGen an hire Recommendationen - déi mer héchstwahrscheinlech alleguerte souwäit gelies hunn, a mir hunn och eng Kéier driwwer diskutéiert hei an der Chamberskommission - , gewonnen, firwat Finanzen am Digitalen esou eng grouss Plaz géife kréien, awer net d'Agrikultur an d'Infrastruktur, well jo awer d'Landwirtschaft e groussen Deel vun der Léisung beim Klimawandel ass.

Si soen, et wär interessant an et wär wichteg, dass een do op de Modell vun der Agroökologie géif goen an net den Agrobusiness. Den Agrobusiness géif erëm heeschen: eng Landwirtschaft, déi eleng op Exportatioun, op Exporter opgebaut ass an net dorop, eng familiär Agrikultur opzebaue mat kleng Produzenten, déi ze ënnerstëtzen um Niveau Ernährung, Gesondheet an an der Gestiou vun natierleche Ressourcen, do lauter Virdeeler ze kréien. Dat ass zumindest eng Propos vun den ONGen, déi ech hei och wollt am Kader vu mengem Plädoyer fir d'Klimagerechtheet an d'Kooperationspolitik erwänen.

Et ass nämlech och erschreckend, dass een Drëttel vun allen attackéierte Mënscherechtsverteideger op där Welt attackéiert gi weinst der Fro vun der Ausbeutung vun de Ressourcen: Bëscher, Minnen, awer och Landwirtschaftsflächen.

An domat sinn ech bei deem Theema, dat ech nach zum Schluss vu menger Ried kuerz wollt uschneiden a wat och e Meritt ass vun den ONGen, dass se eis dat nach eng Kéier an d'Stammbuch vun der Kooperationspolitik geschriwwen hunn: nämlech d'Theema vun de Mënscherechter.

D'ONGen, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, d'ONGe fuerdere vun eis eigentlech eng transversal Strategie fir d'Mënscherechter, zousätzlech zu deenen dräi transversale Strategien, déi mer schonn hunn. Dat ass interessant, et ass och novollzéibar, well déi Mënscherechter si jo iergendwou an all deenen aneren Ziler, an all deenen anere Strategie schonn enthalten.

Et spillt och eng Roll, mengen ech, während där Zäit, besonnesch während där Zäit, wou Lëtzebuerg mat engem Sëtz am Mënscherechtsrot vun der UNO vertrueden ass. A grad do, op deem Niveau, mussen mir - ganz wichteg, mengen ech - e gutt Beispill ginn, wéi ee Mënscherechter wierklech als Mënscherechter interpretéiert an och Mënscherechter ëmsetzt. A vläicht wär et an deem Kader schonn interessant, eeben eng transversal Mënscherechtsstrategie ze entwéckelen, déi och fir aner Länner eng Kéier kéint zu engem Virbild ginn.

Ausserdeem ass d'Theema héich aktuell, och nach eng Kéier weinst den Attacken op d'Défenseurs des droits humains. An ech hei, nach eng Kéier, géllt de Meritt den ONGen, eis dat an eist Stammbuch geschriwwen ze hunn. 2020 sinn 227 Ëmweltrechtsverteideger ëmbruecht ginn. Dovun een op de Philippinnen, deen op eng Zesummenaarbecht och mat enger Lëtzebuurger ONG geschafft huet, een och am Guatemala, deen och an enger Zesummen-





aarbecht mat enger Lëtzebuerger ONG war. Et sinn der eng Rei ëmbruecht ginn, anerer sinn emprisonéiert ginn, anerer sinn intimidéiert, bedrot ginn.

Dat Theema vun de Mënscherechter gëtt héchstwahrscheinlech och als transversaalt Theema ëmmer méi wichteg. An ech kann et natierlech ouni Weideres verbanne mat där Fro, déi ech hei virun allem wollt opwerfen, nämlech der Klimaproblematik. Well an der Klimaproblematik geet et hannen um Enn ëm näischt aneres wéi ëm d'fundamental Mënscherechter: d'Recht ze liewen, d'Recht, gutt ze liewen, d'Recht. doheem dierfen ze bleiwen, do würdeg ze liewen, d'Recht op e gesond Liewen, an zum Beispill bei de Baueren, déi net Affer vun iergendengem System sinn, mee déi Detenteure vu de Rechter sinn, esou wéi et am Pabeier vun den ONGe steet: d'Detenteure vu Rechter.

D'Theema vun de Mënscherechter, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, gëtt ëmmer méi wichteg.

Zum Schluss nach e kuerzt Wuert zu där Fro, déi mer alljoers mat op de Wee kréien, nämlech d'Theema vum Devoir de vigilance. An ech soen och do dem Här Minister Merci, dass e schonn e puer Wuert dozou gesot huet. Et ass en Theema, dat mat de Mënscherechter ze dinn huet. An et ass eis alleguerter bewosst an der Tëschenzäit, well mer eis allegueren an déi Thematik vun der Klimakris erandenken, dass et och mam Theema vum Klima a vun der Kohärenz vun eiser Politik ze dinn huet.

De Kommissär Reynders war jo am Ufank vun därer Woch hei an der Chamber. An e gouf do vum Charles Margue gefrot, wéi et mat deem Projet zum europäeschen Text vun engem Devoir de vigilance géif gesinn, en Text oder e Projet de texte, deem eigentlech schonn eng Kéier fir de Juni dëst Joer virgesi war, an du fir den Oktober dëst Joer, an deem zweemol verluecht ginn ass, well et awer net esou einfach ass, zu deem Text ze kommen. An de Kommissär Reynders huet gemengt, dass et kéint sinn, dass et bis Enn des Joers esou wäit wier, dass do en Text prettlich.

Natierlech wär eng europäesch Léisung tatsächlech dat Einfachst an dat Beschit fir eis allegueren. Dat géif eis eng enorm Kraaft ginn, fir dat, wat an deem Text virgesinn ass, deem Devoir de vigilance, och wierklech ëmzesetzen. Mee eng ganz Rei Leit hu Bedenken, dass et, obwuel vläicht den Text dann hoffentlech bis Enn des Joers virläit, dann awer insgesamt ëmmer nach ze laang dauert, bis mer e finalen Text hunn, deem een dann och kann ëmsetzen.

An dofir wollt ech einfach froen, Här Minister, wéi Dir dat gesitt. Well ech verstinn, dass e puer Länner do nervös ginn. Däitschland huet zum Beispill du jo op nationalem Niveau schonn eng Initiativ ergraff an ass dee Wee gaangen a probéiert, dat Gesetz elo ëmzesetzen. An ech kann dat duerchaus novollzéien, dass een iergendwann eng Kéier seet: „Et dauert eis ze laang.“

Ech wëll awer nach eng Kéier betounen: Et wär wierklech fir eis alleguerter gutt, wa mer déi europäesch Léisung esou séier wéi méiglech hätten, da bräicht ee sech nämlech ganz vill Gedanken net ze maachen.

Dofir meng Froen un Iech, Här Minister: Wéi schätzt Dir d'Situatioun an? Wou ass de Kippunkt, op deem et fir Lëtzebuerg ze laang dauert, fir dass mer awer géife vläicht national legiferéieren? Oder hu mer déi berechtegt Hoffnung, dass et op europäeschem Niveau séier genuch virueet?

An ech wollt och nach eng Kéier no deem Comité interministériel froen, deem no der Etüd vum der Dokter Başak Başlayan agesat gouf. Ginn et aus deem Komitee scho Resultater? A wa jo, wéini ass wat ze erwaarden? Wat sinn d'Resultater? Wéi ass de Stand vun de Gedanken a vun den Iwwerleeungen a vun de Planungen op Ärem Niveau?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, Klimagerechtegkeet gëtt zu där ganz grousser zentraler Erausforderung vun der Kooperatiounspolitik vun deem nächste Joerzängt an doriwwer eraus. Et gëtt een Theema an et gëtt eng Kris, déi eigentlech nach méi déif läit, wann een et genau kuckt, nämlech déi vun der sozialer Ongerechtegkeet. Ëmmer dann, wann eng nei Kris op eis duergerrullt kënn, wéi an dësem Fall d'Klimakris, elo och d'Pandemie, mierkt een, wéi déi de Gruef ass tëschent Räich an Aarm, egal ob dat elo hei am Land oder op der ganzer Welt ass.

Dat ass eng Kris, déi esou déif ass, déi ëmmer erëm nei operappt gëtt. An et kënn eeben d'Kris vun der Pandemie derbäi, déi Dir, Här Minister, och virdru beschriwwen hutt, wou hei zu Lëtzebuerg an an der Welt um Terrain, bei eise Partner, ganz vill ONGen a ganz vill Leit drënner gelidden hunn, bis zu deem Punkt, dass och eng Rei Projeten a Fro gestallt ginn. An ech wëll Iech elo nach eng Kéier froen, ob Der kënn ee Wuert dozou soen, ob et tatsächlech esou ass, dass eng Rei Projete wäerten an Zukunft a Fro gestallt ginn opgrond vun de Konsequenze vun der Pandemie.

D'Pandemiebekämpfung léiert eis menger Meenung no zwou Saachen: Positiv ass déi, dass e globale Problem, eng global Kris ka global geléist ginn. Et ass méiglech. Awer negativ ass och dat, dass déi sozial Ënnerscheeder esou grouss sinn, dass se oft d'Léisung vun enger neier Kris behënneren. A bei der Pandemie hu mer gemierkt, an Dir hutt selwer virdru gesot, wéi ongerecht d'Impfstoffer an därer Welt verdeelt sinn. An ech soen Iech nach eng Kéier Merci fir déi Saachen, déi Der zum COVAX-System gesot hutt.

Dat selwecht wäert bei der Klimakris dee groussen Challenge, déi grouss Gefor an déi grouss Erausforderung sinn, dass d'Klimakris net och nach méi grouss gëtt doduerch, dass mer an därer Welt grouss sozial Ongerechtegkeeten hunn.

An dofir, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Kooperatioun gëtt d'Klimakris zu enger enormer Chance, fir op déi Klimakris anzewierken an zugläich awer och déi sozial Ongerechtegkeeten als eng enorm déif an déifgrënneg Kris och an de Grapp ze huelen. D'Bekämpfung vun der extreemer Aarmut ka geléngen, andeems mer eng gutt Bekämpfung vun der Klimakris mat der Hëllef vun der Kooperatiounspolitik maachen, fir d'Weltgemeinschaft méi resilient ze maache fir déi zukünftige Erausforderungen a besonnesch fir déi zukünftige Generatiounen.

Ech hoffen, ech hunn net ze vill Blablabla gemaach an ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Une voix.** - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Galles. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Ech mengen, genau wéi d'lescht Woch, muss ee leider dësen Debat och erëm mam selwechte Sujet ufänken, an zwar mat der Pandemie Covid-19. Fir eis huet sech déi Situatioun elo net verbessert, mee zumindest kann een awer soen, dass mer relativ gutt bis elo derduerch komm sinn. Mee dat gëllt awer fir vill Plazen op der Welt absolutt guer net. De Gros vun de Leit bei eis huet erkannt, dass et nëmme en Schlëssel zur Léisung gëtt: Dat ass d'Impfen. Et ass ze bedauern, dass Eenzeler dat nach net erkannt hunn. Mee bon, mir mussen dat awer dann esou akzeptéieren.

Dramatesch ass d'Situatioun natierlech op villen anere Plazen. A wéi eng Länner huet et erëm am meeschten erwëscht? Mee just déi, déi schonn am mannsten hunn. An et gëtt eng Rei Länner besonnesch an Afrika, wou den Taux de vaccination bei 1 % läit. Dat muss ee sech emol virstellen! An dowéinst fannen ech et awer ganz gutt, dass mer grad op deem Gebitt schonn eis Hëllef ugebueden hunn an och realiséiert hunn. An éischter Linn natierlech um Niveau vun der Europäescher Unioun, wou jo awer 1 Milliard Vaccinen an iwwer 150 Länner exportéiert gouf a 87 Milliounen Dosen iwwert de COVAX gespent gi sinn. Och Lëtzebuerg stoung, wéi gesot, do an der éischter Rei. Mir hu 400.000 Dosissen och gespent. An och wëll ech hei un déi rezent Aktioun erënneren, déi d'lescht Woch war, wou da 50 Frigoe vu Lëtzebuerg aus an de Burkina Faso geliwwert gi sinn, a besonnesch, dass dat och mam A400M gemaach gouf - ech sinn elo ganz op der Linn vum Här Minister -, ass awer hei ouni Zweifel ze ënnersträichen.

Deen Debat hei huet natierlech eng ganz laang Traditioun. Ech sinn och frou ze héieren, dass mer d'nächst Joer e klenge Changement kréien, an zwar, dass mer et da maache wéi mat der Aussepolitik, dat heescht: De Minister hält deem een Dag Stellung an den Dag drop kënn mir dann och Positioun huelen. Ech mengen, dat ass och gutt esou, da kann een déi Ried vum Minister nach e bësse méi am Detail analyséieren.

Ech wëll mech haut am Fong geholl op dräi Haaptpunkte konzentréieren. Éischtens: Wat sinn d'Erausforderungen an der Entwécklungs- a Kooperatiounspolitik vu muer? Zweetens: Wou gëtt et nach potenziell Zillänner? An drëtzens: de Stellerwäert vun den ONGen an anere wichtegen Acteuren.

Zu Punkt 1: Wou leien dann elo d'Erausforderunge vu muer? Ech mengen, den internationale Kontext vun der Kooperatiounspolitik huet sech natierlech och enorm an deene leschte Jore geännert. Mee et gëtt eng Erausforderung, déi ouni Zweifel wäert, net nëmme elo schonn, mee och an der Zukunft, alles méi dominéieren - dat ass scho vu mengem Virriedner hei och richtegerweis ugeschwat ginn -: Dat ass ganz kloer de Klimaschutz. Ech mengen, mir sollten eis do kengen Illusiounen méi hignin. All déi aner Sujeten, déi ganz wichteg sinn, wäerten awer vun deem heiten Theema dominéiert ginn.

Wa mer op Glasgow zrëckkucken - ech war zwar elo net derbäi, mee et huet ee jo awer vill kënnen iwwert d'Press gewuer ginn -, schéngt dat jo net deem allergeéiste Succès gewiescht ze sinn, woubäi een awer och muss fairerweis soen, dass eng Rei wichteg Decisiounen do geholl goufen.

Ech wëll allerdéngs hei den Här António Guterres, den UNO-Generalsekretär aus dem „Figaro“ vum 15. November zitéieren, dee sot: « [...] malheureusement la volonté politique collective n'a pas été suffisante pour surmonter certaines contradictions profondes. » Dat seet jo awer och scho ganz viles aus. An datt virun allem de Klimawandel natierlech um Niveau vun den Drëtlänner dee gréissten Impakt huet, ech mengen, och dat ass eis alleguerter bewosst. Zum Beispill d'Banannen- an d'Kaffisproduktioun a Mëttelemerika oder d'Kakaosproduktioun an der Dominikanescher Republik an am Peru wäerten déi nächst Jore ganz kloer drënner ze leiden hunn.

Et ginn och Studien, déi elo scho behaupten, dass bis d'Joer 2050 d'Hallschent vun de Kaffisplantagen net méi brauchbar sinn, eeben och duerch de Klimawandel. Et kann een also kee Projet méi net duerch de Brëll vun dem Klimaschutz kucken. A wann ech dann och nach Aussoe vun der Organisation météorologique mondiale huelen, dann ass de Mieresniveau am leschte Joerhonnert ëm 20 Zentimeter an d'Luucht gaangen.

Elo kann ee soen: Ok, 100 Joer gebraucht fir 20 Zentimeter, dat ass nach ze verkraaften. Mee et dierf een awer net vergiessen, dass eebe grad an deene leschten 20 Joer de Rhythmus awer e ganz anere war. A wa mer et elo et net sollte fäerdegbréngen, dat Zil, dat mer eis gesat hunn, dass heescht d'Äerderwiermung op 1,5 Grad ze limitéieren, da riskéiert ee souguer bis d'Joer 2100, dass de Mieresspiegel ëm 60 Zentimeter bis 1 Meter wäert klammern. Wat fir eng Konsequenzen dat wäert mat sech bréngen, dat brauch een hei, mengen ech, och net méi weider auszebreen.

Wa mer scho beim Klimaschutz sinn, da muss mer hei natierlech awer och e Wuert iwwert déi international Energiepolitik verléieren. An da kommen ech och net derlaanscht, iwwert déi berüümt-berüchtigt, kann ee scho bal soen, Charte de l'énergie hei ze schwätzen ze kommen. Déi gouf jo de 16. Abrëll 1998 vu 57 Länner ënnerschriften (veuillez lire: Déi ass jo de 16. Abrëll 1998 a Kraaft getrueden a gouf vu 57 Länner ënnerschriften).

Déi gëtt jo a priori gesinn als e Protecteur vun de fossilen Energien. Do sinn och afrikanesch Länner, déi wëllen dem TCE bäitrieden, ënner anerem Uganda, Burundi, Niger an den Tschad. Awer op där anerer Säit soll den TCE jo elo reforméiert ginn. An ech beruffe mech hei och op eng Äntwert op eng Question parlementaire, déi ech dem Energieminister de leschten 9. Abrëll gestallt hat, wou en ënner anerem gesot huet, well jo, wéi gesot, den TCE sollt reforméiert ginn: « C'est la raison pour laquelle l'Union européenne propose que, dans le cadre des travaux de modernisation de la charte, les investissements dans les énergies fossiles soient progressivement exclus du champ d'application, afin que le TCE ne protège plus que les investissements dans l'Union européenne qui sont opérés dans le domaine des énergies renouvelables. »

Dat ass natierlech e wëschenswäert Zil. Mee et muss een awer genau esou gutt hannendrun awer d'Fro stellen: Firwat soll sech dat dann elo nëmme op d'Länner hei an der Europäescher Unioun limitéieren?

D'Regierung huet jo, an dat ass jo hei de Mëtteg schonn e puermol gesot ginn, déi transversal Prioritéit virgesinn, d'Egalité vum Genre, d'ökologesch Nohaltegkeet an déi inklusiv an innovativ Finanzen. Dat sinn ouni Zweifel ganz nobel Ziler, woubäi ee sech och iwwert d'Hierarchie vun deenen eenzelnen Ziler kéint ënnerhalen. Vum Cercle des ONG ass jo awer e bësse monéiert ginn, och wéi mer déi Entrevue hei haten, op déi ech och nach wäert eng Kéier kuerz zrëckkommen, dass d'Mënscherechter u sech net géife genuch an de Fokus vun eiser Entwécklungspolitik gestallt ginn. An ech mengen, et ass evident, dass de Respekt vun de Mënscherechter awer ëmmer méi en Élément clé vun eiser Politik muss ginn.

2020 war iwwregens dat bluddegst Joer, wou Ëmweltschützer zum Beispill ëmbruecht goufen an och aner Leit, an de Paul Galles huet dat scho virdrun hei erwänt. Ech beruffe mech hei, et muss ee jo ëmmer seng Quellen uginn, op d'„Last line of defence“, dee Rapport vun der Organisation Global Witness. An déi hunn dra gesot, dass en Drëttel vun deenen Attacke géint Leit geriicht wieren, déi sech géint d'Notzung vu Ressourcë agesat hätten, zum Beispill Bëscher oder Minnen.

Och ONGe gi menacéiert. Dat kritt een och direkt vun deene Leit selwer matgedeelt. An duerfir muss mer och kucken, eeben esou vill Aktiounen wéi méiglech ze ënnerhuelen, bei deene Mënscherechter nach vill méi respektéiert ginn. An hei zu Lëtzebuerg gëtt et e puer ganz flott, ganz gutt Aktiounen. Ech wëll zum Beispill un d'Aktioun „Rethink your clothes“ erënneren. Ech wëll awer och drun erënneren, dass zum Beispill de Projet vu Fair Fashion Lab a vum Lët'z Refashion-Popup-Store op der Place Royale Hamillia hei an der Stad ganz wichteg Projete sinn.

An dann, virun allem, wat mer besonnesch gutt gefall huet, dass d'Ass d'Lëtzebuerger Post. Et gëtt jo ëmmer gär esou géint gréisser Firms gewiedert, mee och hei huet d'Post e wichtegt Zeeche gesat, well d'Post eeben elo eng Rei Leit aus dem POST Courier an der POST Telecom mat Pulloveren a Giletan ekipéiert huet, déi aus Biokotteng sinn an déi och Fairtrade-certifiéiert sinn. An duerch deen Akaf do konnte souguer nach déi Ekipementer vu 6.000 op 9.000 eropgesat ginn.

Wa mer vu Mënscherechter schwätzen, da si mer natierlech och ganz séier bei de Kannerrechter. Dat ass ganz evident. Och do ass et jiddefalls inakzeptabel, dass et nach ronn 160 Milliounen Kanner op därer Welt gëtt, déi musse schaffen goen, an dat meeschtens ënner onméigleche Konditiounen! Et muss ee sech natierlech direkt d'Fro stellen: Wou läit dann d'Zukunft iwwerhaupt vun esou Kanner? Déi Chiffere stamen iwwregens vun der Unicef a vun der OIT.

Ech wëll just drun erënneren: Den 20. November ass den Dag vun de Kannerrechter, well den 20. November 1989 gouf d'UN-Konventioun iwwert d'Rechter vun de Kanner ënnerschriften. Da si mer natierlech och ganz séier beim Devoir de diligence. Dat ass en Theema, wann een iwwer Entwécklungszusammenaarbecht ... - et heescht jo well neierdéngs esou, et dierf ee jo net Entwécklungspolitik soen; ech wäert nach Schwierigkeeten hunn, mech un déi nei Terminologie ze winnen, mee dat ass jo elo net esou wichteg. Den Devoir de diligence ass e ganz weesentlecht Element an och do kënn een net derlaanscht, eng gewësse Positioun ofzeginn.

Effektiv huet den Didier Reynders, den zoustännegen EU-Kommissär, dee jo virun zwee Deeg hei op Besuch war a mat deem mer och op enger anerer Plaz nach d'Geleeënheet haten, e bësse méi am Fong iwwert déi ganz Problematik ze schwätzen, well he jo den EU-Kommissär en charge ass, ganz kloer gesot, dass den Text bal finaliséiert ass op EU-Niveau. E geet dovun aus, dass en dëst Joer nach definitiv kann deposéiert ginn. Dat freet eis. Mir als Demokratesch Partei setzen eis prioritär duerfir an, dass mer en Text op EU-Niveau kréien.

D'Fro ass dem Didier Reynders natierlech och gestallt ginn, am Fall wou deem Text awer elo net géif deem Impakt kréien, wat da géif geschéien. Well et dierf een net vergiessen, dass eng Rei Länner schonn national legiferéiert hunn: Frankräich, Holland, Däitschland. An dann entsteet eng gewësse Cacophonie. Dowéinst ass also d'Hoffnung grouss, dass elo awer och op europäeschem Niveau en Text erauskënn. Esou wéi eis dat matgedeelt ginn ass, géif dee sech dann op ronn 10.000 Betriber europawäit bezéien. An ech mengen och, mir liewen an enger Zäit, wou et awer méi wéi normal ass, dass een deem Volet an Zukunft och méi Rechnung dréit.

Dann dierf een natierlech och net vergiessen: Mir hunn do awer schonn e gewëssenen Effort gemaach, an dat um Niveau vun de Konfliktmineralien. Do besteet jo zënter dem 1. Januar dëst Joer eng europäesch Reglementatioun, an där et jo ëm Zënn, Tantal, Wolfram a Gold geet. An dat si jo Mineralien, déi virun allem a Produkter gebraucht ginn, déi mir jo besonnesch och ganz gären hei konsuméieren: Handyen, Tabletten an esou weider an esou fort.

Et kann also jiddweree selwer emol eppes derfir maachen, dass manner där Produite musse gebraucht ginn, well et dierf een net vergiessen, dass do eng ganz mafiös Organisatioun derhannert stécht, dass vill Erléis vun dem Verkaf vun deene Materialie genotzt gëtt, fir Waffen unzeschaffen. An d'Korruptioun gëtt doduerch natierlech och geféiert.

Wéi gesot, déi ass elo a Kraaft. Allerdéngs hu mir hei zu Lëtzebuerg nach net legiferéiert. Et ass e Gesetzestext am März deposéiert ginn an et muss een awer hoffen, dass deem dann och esou séier wéi méiglech d'Chamber wäert passéieren.

Den Haaptobjektiv jiddefalls vun enger moderner Lëtzebuerger Kooperatiouns- an Entwécklungspolitik muss doranner leien, de Leit eng beschtméiglech Basis ze ginn, fir dass se hir Heemecht eeben net musse verloossen.

Da si mer och ganz séier bei der Landwirtschaft, well d'Landwirtschaft dréit jo awer schlussendlech dozou bäi, dass een eng gewësse Selbstversuerung ka garantéieren. Dat steet jo esou am Koalitionsaccord op der Säit 224. Ech zitéiere ganz kuerz: « [L]a Coopération luxembourgeoise entend privilégier les partenariats respectueux des besoins des petites structures agricoles et des méthodes agroécologiques. »

Dat ass eng Astellung, déi een op alle Fall nëmme kann deelen. An ech mengen, grad um afrikanesche Kontinent besteet do nach immens Potenzial! Et dierf een och net vergiessen, dass 2050 20 % vun der Weltbevëlkerung aus Afrika kommen. A wat jo absurd ass, ass, dass de Moment alljoers 35 Milliarden Dollar ausgi ginn, fir Liewensmëttel an Afrika ze importéieren. An dat ass jo net méi nozevoll-





zéien. Déi Informatioun hunn ech aus dem Rapport „Afrika und Europa - Neue Partnerschaft für Entwicklung, Frieden und Zukunft“ vum däitsche Ministère fir wirtschaftlech Zesummenaarbecht an Entwécklung.

Afrika, dat jo en herrleche Kontinent ass, 54 Staaten, iwwer 3.000 Sproochen - dat muss ee sech emol virstellen, wat fir eng räich Kultur op deem ganze Kontinent do ass! Et wär also méi wéi schued, wann esou e Kontinent net den Uschloss do géif fannen, wou en am Fong geholl highéiert, an duerfir ass de Schlëssel, fir eng Verbesserung an deene Länner unzestriewen, ouni Zweifel d'Agroökologie. Ech verweisen an deem Kontext op d'Deklaratioun vun de Vereenten Natiounen vun 2018 iwwert d'Rechter vun de Baueren. Iwwregens ware Lëtzebuerg a Portugal déi eenzeg Länner, déi déi ënnerschiwwen haten. Och dat muss ee vläicht emol eng kéier hei ënnersträichen. LuxDev a vill ONGe si jo och ganz aktiv op deem Gebitt, an dat ass och nëmmen ze begrëissen.

Et kënt een dann allerdéngs och net derlaanscht, an deem Kontext och e Wuert iwwert den ABC-Fong ze verléieren, dat heescht den Agri-Business Capital Fund. Deen ass jo op eiser Finanzplaz gegrennt ginn, wat och eng ganz gutt Saach ass. Ech mengen, et éiert och eis Finanzplaz, datt mer op deem Gebitt do aktiv sinn. En ass jo geschafe gi mam Objektiv, fir virun allem déi kleng landwirtschaftlech Betriber ze ënnerstëtzen. Domadder soll d'Aarmut reduzéiert ginn an d'Ernährungssécherheet soll dee Moment dann awer och an Zukunft méi garantéiert ginn.

**(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)**

De Cercle des ONG huet natierlech do eng Rei Froe gestallt, huet sech och zum Deel kritesch ausgeschat. An ech zitéieren och do aus hirem Dokument, an deem se schreiwen, nodeems datt se e puer Beispiller zitéiert haten: « À travers ces exemples, force est de constater que le modèle de développement agricole promu est loin de correspondre aux standards de l'agroécologie, alors que l'impact réel des investissements sur la lutte contre la pauvreté rurale reste à démontrer. »

Ech géif duerfir vläicht den Här Minister och froen, ob e kéint dozou eng Ausso maachen. Dat selwecht gëllt iwwregens och fir déi Remark, déi se gemaach hu vis-à-vis vun der AGRA - Alliance for a Green Revolution in Africa -, wou se gesot hunn, datt den Operateur jo awer géif vun der westafrikanescher OSC kritiséiert ginn.

Vläicht an deem Kontext awer och e Wuert iwwert den Droit aux semences. Och do kann ee sech jo wierklech driwwer ënnerhalen, well et e ganz wichtigen Aspekt ass. D'FAO seet zum Beispill, datt 75 % vun de fréiere Planzekulturen entre-temps ausgestuerwe sinn. An den SSP, also de Système semencier paysan, soll jo an Zukunft och méi promouvéiert ginn. Ech mengen, och dat géif dozou bäidroen, datt méi Qualitéit an d'lessenswuere kéim an datt dann och méi eng Onofhängegkeet vis-à-vis vun den industrielle Semencé géif entstoen.

D'Entwécklungs- an d'Kooperatiounspolitik wäert, wéi gesot, an Zukunft nach vill méi oft vun der Digitaliséierung beaflosst ginn. Dat ass och schonn hei ënnerstrach ginn. Dat ass och richtig esou. Ech mengen, mir sollten dorobber setzen. Allerdéngs muss een och do awer elo virsiichteg sinn. Och do muss ee „la part des choses“ maachen an déi Digitaliséierung erëm an dee richteg Kontext setzen an net iwwerbewäerten. Et weess een awer, datt do gewësse Geforen domat verbonne sinn: Virun allem den Aspekt Nohaltegkeet muss och an der digitaler Welt ëmmer méi eng grouss Roll spillen.

Dann ass hei scho vill iwwer inklusiv Finanzé geschwat ginn, iwwert de Privatsecteur. Ech mengen, et ass evident, datt mir als Demokratesch Partei natierlech deem Volet och ganz positiv entgéintstinn. Och d'Kollaboratioun mam Privatsecteur soll hei eng gewësse Roll spillen. Et däerf een op där anerer Säit net vergiessen: Et géife sech fir gewësse Betriber vläicht och nei Marchéen opdoen. Ech mengen, och um Volet vun de Finanzen - wat hei scho richtegerweis erkläert ginn ass - sinn nei Méiglechkeeten, déi sech opdynn an déi ouni Zweifel eis Ënnerstëtzung fannen.

Ech wëll allerdéngs och hei soen: Dat soll elo net esou interpretéiert ginn, datt mir mordicus fir eng Privatiséierung op allen Niveaue sinn! Neen. Ech mengen d'Privatiséierung hält do op, wou u sech gewësse Leeschtungen awer musse jiddwerengem zegutt kommen. An da si mer zum Beispill séier beim Waasser oder esou. Domadder jiddefalls muss dann eng Grenz gesat ginn.

Wichtig ass natierlech och an eiser moderner Entwécklungspolitik d'Zesummenaarbecht mat internationalen Organisatiounen. Ech denken un d'UNO, ech denken un d'Europäesch Unioun, ech denken un d'Weltbank, un den FMI zum Beispill. An duerfir ass et och wichtig, datt do ëmmer eng Rei Artikelen oder Kreditter alimentéiert ginn, fir datt aus deem Dëppen eraus dann och eng effikass Entwécklungspolitik ka gemaach ginn, woubäi een natierlech kann hannerfroen, ob net munchmol misst

e bësse méi eng grouss Transparenz spillen, fir datt ee méi eng genee Trace hätt, wou wéi eng Gelder investéiert ginn. Ech wëll allerdéngs hei elo net falsch verstane ginn an e bëssen en Doute opkomme loossen un deenen Organisatiounen - loin de là!

Wa mer iwwert d'Erausforderungen, wéi gesot, vun enger zukünfteger Entwécklungs- a Kooperatiounspolitik schwätzen, da si mer och ganz séier bei der Flüchtlingsproblematik. Dat ass keen neit Element, mee et ass en Element, wat eis an Zukunft mat Sécherheet nach vill méi wäert beschäftegen! Well et gëtt eng kausal Relatioun zwëschent der Entwécklungspolitik an och der Migratioun. A vill Leit wäerte dee Wee an Zukunft nach ëmmer méi op de Wee maachen, hir Heemecht verloossen. An déi éischt Regioun, déi se opsichen, ass ouni Zweifel Europa, mam Fokus natierlech virun allem op westeuropäesch Länner.

De Mëttelmierraum huet eis jo déi lescht Jore schrecklech Biller geliwwert. Déi lescht Deeg kréie mer Biller - ech soen net, praktesch virun der Hausdier, mee net allze wäit ewech - geliwwert op der Grenz vu Wäissrussland a Polen. Wat sech do ofspillt, ass jo och u sech ganz schlëmm! Et sinn iwwregens virun allem vill Iraker, déi elo versichen, iwwert dee Wee an Europa ze kommen, wat e bëssen erstaunlech ass, well den Irak, zumindest de Moment, eng gewësse Stabilitéit huet. Et däerf een awer net vergiessen, datt do d'Uelegpräisser zënter 2014 immens agebrach sinn, wat eebe mat sech bruecht huet, datt d'Ekonomie drënner leit an datt eeben och jonk Leit keng Perspektive méi hunn an datt och keng Aarbechtsplaze fir jonk Leit do kënnen reservéiert ginn.

Fir déi ganz Kooperatiounspolitik eeben nach méi effikass ze koordinéieren, ass jo scho viru méi laanger Zäit e Comité interministériel op d'Bee gesat ginn. Dat ass och ganz wichtig. Ech mengen, et däerf een d'Kooperatiounspolitik haut och net méi ze vill isoléiert gesinn! An dat ass jo och e Prozess, deen amgang ass, ëmmer méi ze entstoen, wat mir och nëmme kënnen begrëissen, datt een och elo gesäit, datt ëmmer méi Ministère mat eragezu ginn. Dat ass och wichtig, well et gëtt praktesch bal kee Ministère méi, deen nach iergendwéi net touchéiert gëtt vun der Entwécklungspolitik!

An der Strategie vu muer - vun haut kann een awer och soen - ass natierlech den humanitäre Volet warscheinlech ëmmer deen, dee méi wichtig wäert ginn. Ech mengen, de Moment ginn eng ronn 15 % vun der APD an humanitär Zwecker investéiert. Mir wäerte leider - ouni datt een elo ëmmer soll nëmmen ze vill negativ an Zukunft kucken - an Zukunft nach méi mat den Naturkatastrophe konfrontéiert ginn. An do hu mer jo schonn ee gutt Instrument. Ech erënneren un emergency.lu, déi, mengen ech, zënter 2012 operationell ass. An do gesäit een och, wat et vu Wäert ass, wann ee gutt technesch Ausrüstungen huet. An ech wëll an deem Kontext dann och nach eng kéier e klenge Lien zum Militärfliager maachen. Et gëtt jo ëmmer Leit, déi bei deem Wuert Militär Pautschen an d'Gesicht kréien, mee se solle sech awer och emol bewosst ginn, wat do awer och vu Wäertvollem ka geleescht ginn, haaptsächlech um humanitäre Plang. An den A400M huet seng Preuve elo schonn zweemol gemaach, net méi spéit - ech hat et virdru schonn ernimmt -, wéi dann déi Frigoen do an de Burkina Faso geflu gi sinn.

An dann däerf een och net vergiessen, datt den A400M eng besonnesch Spezifizitéit huet: Dee kann do landen, wou vill aner Fliager net méi kënnen landen! An dat wäert leider an Zukunft awer méi oft gefrot ginn, datt een eeben direkt a Regiounen kann Hëllef leeschte mat esou Ekipementer. An dowéinst ass et och gutt, datt mer dee Fliager do hunn.

Den Här Minister huet och schonn drop higewisen: Et ass eng grouss humanitär Katastroph, déi sech de Moment op zwou Plazen ofzeechent: engersäits am Afghanistan - dat wësse mer ganz gutt -, mee anerersäits virun allem an Äthiopien. An effektiv, wann een do d'international Press liest an den Experten nolauschtert, ass jo do eng extreem humanitär Katastroph amgang sech ze entwéckelen. Et ass och elo eng Enquête erauskomm vun der äthiopescher Mënscherechtskommissioun an dem UNO-Haut-Commissariat fir Mënscherechter. An do gëtt wierklech elo scho vu Mënscherechtsviolatioun a Krichsverbrieche geschwat! Vill Leit ginn einfach higeriicht a Frae gi violéiert, wat natierlech extreem schlëmm Zoustänn sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann zum zweete Punkt. Wou gëtt et nach potenziell Zillänner? Bon, dat ass eng Fro, déi effektiv net einfach ze beäntweren ass. Fir d'éischt muss ee vläicht emol e bëssen den Ist-Zoustand definéieren. Wa mer den Tour d'horizon maachen - mir hunn de Moment siwen Zillänner -, et muss ee ganz éierlech sinn, dann ass héchstens vläicht ee Land, wou ee ka vun engem plus ou moins stabile politesche Regimm schwätzen oder engem Regimm, deen no - loosse mer soen - un eis Wäerter erukënn: Dat ass de Cap Vert. Wa mer an Zukunft natierlech géifen als Haaptkrittär fir Projeten an der Entwécklungs-

politik de politesche Regimm huelen, ech fäerten da gëtt et bal kee Land méi, wou mer nach géifen Entwécklungshëllef maachen.

Dat ass natierlech dann déi schwiereg Situatioun, an där mir eis befannen: Wat priméiert am Endeffekt? An do ass et natierlech net esou evident, fir ëmmer eng Decisioun ze huelen.

Ee Land, wat natierlech op der Schwell war, en Zilland ze ginn, ass de Myanmar. De Minister huet och schonn driwwer geschwat. Effektiv de Myanmar, wou zënter dem 1. Februar leider eng Militärrjunta um Rudder ass, wou elo ganz schlëmm Mënscherechtsverletzungen iwwert d'Bün gaange sinn. Eng ronn 1.200 Leit sinn ëmbruecht ginn. Ganz vill Leit sinn emprisonnéiert ginn, anerer hunn d'Land verlooss, wann et gaang ass. De speziellen UN-Rapporter, den Tom Andrews, huet kierzlech esouguer vu Masseverbrieche geschwat, vun engem Vëltermord, vun ethnesche Säuberungen a vu Krichsverbriechen!

Da stellt ee sech natierlech och d'Fro: Wou ass d'Madamm Aung San Suu Kyi drun? Och do kritt ee keng weider Nouvelles. An et sinn och vill Leit, déi versichen eeben, d'Land nach ze verloossen, zum Beispill an Indien an de Staat Mizoram. Wat awer e bësse positiv ass, dat ass, datt beim leschten ASEAN-Sommet u sech de Myanmar ausgewise gouf! Do war u sech nëmmen en net politesche Representant zougelooss, an dat hunn awer dunn d'Autoritéite vun ASEAN refuséiert. A virun allem hu se refuséiert, een ze empfänke vun der aktueller Regierung, well eebe bis elo och refuséiert ginn ass, datt ee Vertrieder vun ASEAN konnt mat der Madamm Aung San Suu Kyi schwätzen.

Da muss een natierlech d'Fro stellen: Wëlle mer dat Land ganz fale loossen? Loosse mer déi Projeten, déi en cours sinn, auslafen? Gëtt et definitiv gestrach vun der Lëscht vun de potenziellen Zillänner? Ech si perséinlech der Meinung, datt mer et zu dësem Zäitpunkt jiddefalls solle sträichen!

Et wier vläicht net onbedéngt e gutt Zeeche gesat, wann een enger Militärrjunta elo och nach géif e bëssen d'Hand reechen, wat natierlech awer au détriment vun deem Vollek do an deem Land ass a wat immens traureg ass. Allerdéngs gëtt et awer och Kanäl, wou een awer kann eng gewëssen Hëllef leeschten an deem Land, zum Beispill iwwer Assoziatiounen, déi eeben an Thailand lokaliséiert sinn.

Da si mer bei deem anere Land, wat och schonn hei ugeschwat ginn ass: Dat ass den Nicaragua. Do ware jo elo Walen - bon, wann ee vu Wale ka schwätzen. Dat war éischer eng Farce. Den Här Ortega mat senger Madamm - et ass jo eng Dynastie - huet anscheinend dann also 75 % vun de Stëmme kritt. Bon, ech mengen, et huet kee Wäert, datt ee sech weider iwwert déi Walen ausléist. Dat ass méi wéi schued, wat sech do ofspillt, besonnesch och, well et e ganz interessant Land ass.

An den Här Ortega - datt däerf een net vergiessen -, dee jo den 19. Juli 1979 d'Revolutioun géint d'Sandiniste gemaach huet an deemools vun der internationaler Communautéit immens gestäipt ginn ass, well se an him eeben de Revolutionär gesinn huet, dee géif fir eng Verbesserung suergen ... Just de Contraire ass entre-temps eeben agetratt.

Mee och do ass d'Fro natierlech: Wéi gi mer mam Nicaragua ëm? Ech mengen, den Nicaragua, wou mer ganz aktiv ware während Joren ... Mee och do muss een awer soen: Mir kënnen awer elo net nach eng Verbesserung vun eisen Aktivitéiten an deem Land ustriewen, wa mer op där anerer Säit gesinn, wéi dat Land do an eng politesch Onstabilitéit erageréit.

De gréisste Misär nieft Südamerika gëtt et ouni Zweifel awer virun allem natierlech um afrikanesche Kontinent. Duerfir mengen ech och, soll een, wann een no engem neien Zilland kuckt, awer éischer de Bléck op den afrikanesche Kontinent hunn.

Dir hat elo eng Rees an de Ruanda gemaach. Wann ech dat alles elo esou richtig interpretéieren, schéngt et net ausgeschloss ze sinn, datt Der gewëllt sidd, vläicht de Fokus an Zukunft méi op de Ruanda ze setzen. Jo, ech mengen et gouf jo och hei en MoU ënnerschiwwen. Bon, d'Fro ass effektiv: Wéi konkret sinn déi Pläng? Ech mengen, de Ruanda huet och eng Rei Avantagen. Et kënt jo en internationale Finanzzentrum an Ostafrika, géif ech mengen. Mir hunn den Knowhow virun allem och op deem Gebitt. En huet eng Weltraumagentur. Och do si mir ganz aktiv. Duerfir soll ee sech effektiv Gedanke maachen. Ech gi jo dovun aus, Här Minister, datt Der vläicht herno do nach eng e bësse méi daitlech Ausso wäert maachen.

**(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)**

Wa mer natierlech op der Sich no neien Zillänner sinn, muss eppes ganz kloer priméieren: Dat ass d'Sécherheet! Dat ass d'Sécherheet vun den Acteuren, déi do ënnen op der Plaz sinn. Ech denken natierlech un éischer Plaz u LuxDev. Ech denken awer och un all déi ONGen, un eis Vertrieder, déi vum Staat do ënne sinn. A mir hunn de Moment awer do eng ganz Rei Schwieregkeeten, sief dat de

Senegal, sief dat de Mali, sief dat den Niger oder och de Burkina Faso, wou d'lescht Woch erëm e schlëmmt Attentat war, wou jo eng 30 Sécherheitsbeamten ëm d'Liewe koumen.

Vläicht dann och nach e puer Wuert zu den aktuellen Zillänner. Mir begrëissen deen neie PIC mam Laos - de Laos, wou Der och virdrun drop agaange sidd. Ech mengen, wie selwer eng kéier do war, weess, datt dat e Land ass, wat ganz vill Potenzial huet, wou mer och scho gutt Aktiounen gemaach hunn. Ech denke virun allem un de Bau vun enger Klinik nieft der Hauptstadt Vientiane oder net allze wäit ewech vun do. Mee wann een déi géif ewechdenken, d'medezinnesch Versuergung, also da wier déi nach vill méi dramatesch. An dowéinst gesäit een also, wéi wichtig et ass, wann awer esou Infrastrukture realiséiert ginn.

Am Burkina Faso fanne mer et och gutt, datt nach zousätzlech Kreditter an den edukative Beräich investéiert ginn an och an eng nohalteg Bewirtschaftung vun de Bëscher. Déi beschte Relatiounen hu mer natierlech mam Cap Vert, Dir sidd selwer schonn drop agaang. An och dat begrëisse mer dann u sech, datt elo am Fong geholl eis Relatioun mam Cap Vert vläicht nach méi breet gesi gëtt an datt mer do e Pilotprojet wäerte starten, fir eng nei Form vu Partenariat opzebauen. De Moment si jo dräi ONGen um Cap Vert engagéiert. Ech si besonnesch frou, awer och kënnen ze soen, datt eng ONG do engagéiert ass, déi sech „Beetebuerg hëllef“ nennt.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech kommen dann zum drëtte Punkt. Do geet et ëm de Stellerwäert vun den ONGen an aneren Acteuren um Niveau vun der Entwécklungszesummenaarbecht. An zwar bleiwen ech der Meinung, datt mir d'Populatioun nach méi sensibiliséiere mussen. D'Fro ass ze stellen: Wëssen d'Leit, datt plus ou moins 1 % vun dem Revenu national brut an d'Entwécklungspolitik investéiert gëtt? Wëssen d'Leit dobaussen, wéi vill de Lëtzebuerger Staat sech wierklech Méi gëtt mat ganz villen Acteuren zesummen, fir, och wann et nëmmen eng kleng Drëps ass, mee eng wichtig Drëps, déi awer eriwuer ze droen a Länner, déi et wierklech néideg hunn?

Ech denken do natierlech virun allem och un déi 91 ONGen, deenen een hei e ganz grouse Merci muss aussprochen. 2020 war natierlech och keen einfach Joer fir si, well se eeben hu missen op eng Rei Egemëttele verzichten, well se eng Rei Aktiounen net konnte maachen. Duerfir hu mer dat och ganz positiv fonnt, datt d'Regierung awer do ganz flexibel war. Ronn 20 % vun der APD gi jo un d'ONGen. Si bréngen ongeféier 16,5 Milliounen Euro selwer op. An trotz - wéi gesot - der Pandemie, och trotz de Minusrecetten, déi de Lëtzebuerger Staat ze verzechnen huet, ass hir Participatioun allerdéngs staatlechersäits nach an d'Luucht gaang, wat mer och nëmme kënnen begrëissen.

Si hunn et natierlech och de Moment vill méi schwéier, sief dat engersäits, well se hei zu Lëtzebuerg e bëssen ageschränkt sinn, anerersäits, well dat natierlech awer och um Terrain selwer ëmmer méi schwiereg gëtt. Et däerf ee jo och net vergiessen, datt eng ONG 20 % bis 40 % Egemëtter muss hunn, fir datt e Projet eebe ka kofinanzéiert ginn, wat jo awer trotzdeem schonn e relativ héije Montant ass.

Ech wëll op dëser Plaz och dem Cercle des ONG Merci soen, och fir déi Entrevue, déi mer elo d'lescht Woch hei haten, déi ganz konstruktiv war, an och dat Dokument, wat se eis zur Verfügung gestallt hunn, wat et engem ouni Zweifel - ech maache keen Heel draus -, e bëssen erlaabt huet, sech och méi intensiv op deen Debat hei ze preparéieren.

D'Fro muss awer dann och gestallt ginn, ob een d'ONGen an Zukunft net nach méi misst mat abezéien. Firwat? Ma ech si virdrun op d'Situatioun an deenen eenzelen Zillänner agaang, wat déi politesch Situatioun ubelaangt. Dann ass awer wierklech d'Fro ze stellen: Solle mer net versichen, nach méi Gelder laanscht d'Regierung u sech ze schleisen an éischer iwwert de Wee vun ONGen zoukommen ze loossen, well dann awer d'Garantie méi grouss ass, datt déi Gelder och esou investéiert ginn, wéi mir eis et virstellen? Dowéinst muss ee kucken, ob ee seng zukünfteg Entwécklungspolitik net nach verstärkt kann iwwert dee Wee maachen. Dat wëllt awer net heeschen, datt mer eis net selbstverständlech nach wie vor solle staark participéieren un deenen internationalen Organisatiounen, déi nach wie vor eng ganz wichtig Roll spillen.

Et ass awer och schued, wann dann a Länner selwer op eemol Decisiounen geholl ginn, déi et den ONGe schwéier maachen! Ech kommen op ee Fall ze schwätzen: Dat ass Indien. Indien huet duerch de Foreign Contribution Regulation Act natierlech do eng Decisioun geholl. Mee dat huet deenen ONGe weigedoen, déi do aktiv sinn! Dat hat als Konsequenz, datt zum Beispill eng Rei Patenshafte fir indesche Kanner elo suppriméiert goufen. Duerfir, Här Minister, ech weess net, gëtt et do net awer eng Méiglecheet, fir um politesche Plang nach eng kéier ze intervenéieren, fir datt een dat do kann iergendwéi redresséieren?





An deem Kontext wëll ech awer och hiweisen op eng Rei aner wichteg Acteuren. Duerfir sollt hei stellvertretend och d'Caritas genannt ginn. Déi huet 2020 16,7 Milliounen a 64 verschidde Projeten investéiert. Dovunner gounge 62,6 % an d'Aide humanitaire, ënner anerem a Syrien, Mosambik a Südsudan. Duerfir fannen ech et net méi wéi normal, dass och esou Associatiounen direkt vum Staat substaanzuell ënnerstëtzt ginn.

Dann nach en Acteur, dee munchmol e bësse vergiess gëtt, mee deem awer och keng onwichtig Roll ze spillen huet: Dat sinn d'Gemengen. Et gëtt eng ganz Rei Gemengen - dat ass och meritoire -, déi iwwert de Wee vun enger ONG op hirem Territoire ganz vill Aktivitéiten deployéieren, fir och kënne Fongen ze collectéieren, déi dann eeben och der Entwécklungszesummenaarbecht zeguttkomme sollen. An duerfir kann een och hei nëmmen den Appell maachen um déi Gemengen, déi vläicht bis elo nach e bësse méi retizent waren, dat se sech och do vläicht nach méi sollen engagéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech gouf kierzlech an engem Interview gefrot, wat d'Entwécklungspolitik hei zu Lëtzebuerg wier a wéi se dobausse percevéiert géif. Ech hat dat scho kuerz virdrun erwänt, wéi eeben de Bekannttheetsgrad ass. Jiddefalls ass eppes ganz kloer: Mir sollen dat och haart soen, dass mer eis mat eiser Entwécklungspolitik un der Weltspëtzt beweegen, ouni dat awer elo ze vill duerzestellen.

Mee et muss een awer och soen: D'Entwécklungspolitik huet net iwwerall Frënn, och net hei zu Lëtzebuerg. Ech mengen, et braucht een nëmmen heiansdo en Tour ze maachen duerch d'sozial Medien. Do kommen heiansdo Aussoen, do stinn engem d'Hoer zu Bierg! Mee et soll een net esou naiv sinn a mengen, dass all Frang oder all Euro, deem do investéiert gëtt, wou e muss investéiert ginn, an zwar an deene Länner, déi vill, vill manner hu wéi mir, iwwerall och géif positiv opgehoen ginn.

Ech wëll och op eppes hiweisen, wat e bësse den Stellwäert ënnersträicht vun der Entwécklungspolitik am Allgemengen, an zwar huet CARE do eng interessant Etüd gemaach. Si hunn 1,2 Milliounen Online-Artikelen analyséiert zwëschent dem 1. Januar an den 30. September 2020, wou se gekuckt hunn, wéi vill Artikelen zréckbehale gi sinn iwwert déi zéng Länner, wou déi gréisste Krisen op der Welt sinn. An zwar gouf am mannsten iwwert de Burundi geschriwwen.

Wat awer interessant ass ze ernimmen, dat ass, dass an där selwechter Zäit iwwert d'Playstation 5 26-mol méi geschriwwen gouf wéi iwwer all déi aner zéng Problemfelder zesummen. Ech mengen, dass seet awer alles aus! Do brauch ee kee weidere Kommentar ze ginn, wou u sech dann den Hauptinteressi, net nëmmen um Niveau vun de Medie läit, mee och op anere Pläng. Bon, dann ass dat eeben esou. Mee ech mengen, de Beweis ass geliiwert, dass mer nach zousätzlech Efforte musse maachen, fir d'Entwécklungszesummenaarbecht dann awer och nach méi bekannt ze maachen an och virun allem d'Leit nach méi dovun ze iwwerzeegen.

Als Konklusioun jiddefalls kann een zréckbehalen, dass et hei zu Lëtzebuerg ouni Zweifel eis Verpflichtung ass, nach wie vor op deem héijem Niveau déi Entwécklungshëllef ze leeschten. Well dat wëllt jo elo net heeschen, dass et net och hei zu Lëtzebuerg natierlech Leit gëtt, déi Hëllef brauchen. Ech mengen, mir maachen och do mat Sécherheet ganz vill Efforten.

Mee et muss een awer ganz éierlech sinn: Een, dee schonn emol an deene Länner war, wou mir en Zil-land hunn - oder och doriwwer eraus an anere Länner -, dee weess awer ganz séier ze schätzen, déi zwou Situatiounen mateneen ze vergläichen, a fënn dat ganz séier eraus, dass mir hei éischter paradisesch Zoustänn hunn. An dat soll eis awer, mengen ech, Ulass genuch sinn, fir eis an Zukunft nach méi verstäerkt am Interessi vun deene Länner anzusetzen.

Well, wéi gesot, eis kleng Ae sollen heiansdo och emol de Bléck op grouss Problemer werfen, da ginn eis Aen och mat Sécherheet méi grouss. A wann ee bedenkt, dass mir 360-370 Milliounen d'Joer ausginn - leet mech net fest op e puer Milliounen - vun engem Gesamtdepensebudget vun 20-21 Milliarden, da fannen ech et scho bal net derwäert, dass ee sech driwwer ënnerhält, ob et ze vill wär. Éischter ass et net genuch!

Well de Misär op der Welt wär ouni Zweifel manner grouss, wann emol all déi - a mir gehéieren och zu deenen -, déi méi wéi genuch hunn, nach méi bereet wäeren, eppes dobaussen ze deelen. Da géif et warscheinlech op verschidde Plaze vill besser goen.

Jiddefalls an deem Sënn: D'Demokratesch Partei steet hannert der Kooperatiouns- an Entwécklungspolitik vun dëser Regierung, an de Merci geet och un de Minister Franz Fayot, deem elo, mengen ech, schonn de richtigen Trëtt fonnt huet a sech och ganz engagéiert weist. A mir wäerten déi Richtung an deem Sënn och an Zukunft mat ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Graas. An nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Lydia Mutsch (*LSAP*).** - Déi meescht vun eis, Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, kënne sech nach gutt un 2015 erënneren, wou weltwäit e gewëssenen Optimismus ze verspiere war, nodeems sech kollektiv der Agenda 2030 an den SDGe fir eng nohalteg Entwécklung verschriwwen gouf. An am nammlechte Joer gouf de Paräisser Klimaaccord adoptéiert, en zweete multilaterale Kraaftakt, deem eis alleguerten impressionéiert huet. Mir woussten, dass et net einfach géif ginn, fir dës Ziler ze erreechen. Mee et konnt een deemools jo och net virusgesinn, dass eng weltwäit Gesondheetskris d'Entwécklung esou op d'Kopp géif geheien, wéi et elo geschitt ass, an dass op ganz ville Plazen déi haart erkämpften Entwécklungsfortschritter carrement a Fro gestallt géife ginn.

Am Juni dëst Joer hat ech an enger Heur d'actualité d'Fro an de Raum gestallt, wéi eng Effekter d'Covidpandemie dann op d'Kooperatioun hätt. A wéi mer zesummen doriwwer diskutéiert hunn, ass mer am Fong opgefall, dass mer eis op ville Punkten eens waren. Een dovunner war de gemeinsame Constat, dass eist Land schnell, flexibel an onkomplizéiert op déi erschwéierend Ëmstänn vun der Pandemie reagéiert huet an iwwerall do gehollef huet, wou een nëmme konnt. Mir waren eis och eens, dass déi vill negativ Tendenzen, virun allem déi erëm steigend Extreemaarmut, d'Ernährungssecherheet, d'Inegalitéiten, de Bildungsverloscht gekoppelt un déi politesch Onstabilitéit op ganz ville Plaze méi wéi beonrouegend wieren.

Och am Zesammenhang mat de Vaccine stelle mer fest, dass déi grouss Ongerechtegkeet beim Zougang zu de Vaccinatiounen bestoe bliwwen ass. An dofir begrëisse mir éischstens emol déi Ausféierung vum Minister haut, och d'Annonce vum G20, alles drunzesetzen, fir bis Mëtt 2022 70 % vun der Weltpopulatioun ze impfen, woubäi ech awer drun zweifelen, ob mer dat wäerten erreechen.

Och als Lëtzebuerger droe mir wierklech eisen Deel dozou bäi, iwwert de COVAX-Mechanismus zum Beispill um Cap Vert oder mat de Spezialfrigoe vu B Medical fir de Stockage vu Vaccinen zum Beispill am Burkina Faso. A mir deelen d'Meenung vum Minister, dass mer hei wierklech ganz houfreg op eis Leeschtunge kënne sinn.

Trotz oder grad wéinst Covid war et eis awer bei dësem Debat wichteg, no vir ze kucken an eis Entwécklungszesummenaarbecht op d'Erausfuerrung vu muer ze preparéieren an och unzepassen. Dobäi hunn eis natierlech déi Initiativen an och déi Strategien, déi de Minister Fayot op den Assis presentéiert hat an déi en och haut prezisiéiert huet, ganz besonnesch interesséiert. De Minister huet dee Moment de Wee fir eng méi innovativ, eng méi inklusiv an durabel Kooperatioun virgezechent an och Ausblécker ginn, wéi mer an Zukunft nach besser op d'Erausfuerrung ronderëm d'Aarmut an d'Inegalitéit an de Klimawandel reagéiere kéinten.

Och no deenen Ausféierung vun haut - an et ass mer am Fong schonn deemools am Juni esou gaangen - krut een den Androck, dass trotz Covid eng ganz grouss Dynamik an der Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik besteet. Dat hänkt natierlech domadder zesummen, dass mer flexibel, innovativ a ganz tenace hu misse sinn, fir iwwerhaupt Projeten a Covidzäite kënnen ze realiséieren. Mee trotzdeem dierfe mer eis awer näischt virmaachen, well d'Repercussioune vu Covid an och vun de Confinementen, déi dodrun hounge an a queesch duerch d'Welt hu misse gemaach ginn, waren a sinn nefaste. An déi covidbedéngte wirtschaftlech Repercussioune a Krisen treffen natierlech déi aarm Länner mëttel- a laangfristeg am allerhärtesten.

Zënter Juni, wou mer eebe konkret iwwert déi do Problemer diskutéiert hunn, huet sech d'Situatioun um Terrain net verbessert, ganz am Géigendeel. International gëtt oft d'Kombinatioun vun de sougenannten dräi „C“en - Conflicts, climate change and Covid - an de Raum gestallt. An déi dräi „C“ bereeden op der ganzer Welt Kappzerbrieches, well dëst och d'Schinn vun der Nohaltegkeet beanträchtegt a well se riskéieren, déi Fortschritter, déi mer awer op ville Plazen erziilt hunn, erëm réckgäנגeg ze maachen an domat natierlech d'Konditiounen fir eng nohalteg Entwécklungszesummenaarbecht massiv erschwéieren.

Mir sinn net déi Éischt, déi haart soen, dass mer riskéieren, déi berüümt Ziler vun der 2030 Agenda komplett ze verfeelen. Am Global Hunger Index vun 2021, deen en zimmlech beonrouegend Bild a Saachen Honger an Ernährungssecherheet zeechent, analyséieren d'Caroline Delgado an den Dan Smith vum SIPRI, dat ass de Stockholm International Peace Research Institute, den Interface tëscht Konflikt an Honger. Si ënnersträichen, dass gewaltsam Konflikter den Hauptgrond fir den Honger an der Welt bleiwen, wat natierlech dann

duerch de Klimawandel a Covid-19 dramatesch verschlëmmert gëtt.

Dobäi kënnt, dass d'Ernährungssystemer a Länner mat ville Konflikter och vu strukturelle Schwächen, engem Mangel u Resilienz an enger grousser Vulnerabilitéit a Krisesituatiounen gekennzeechent sinn. Mir wëssen, dass et ouni Ernährungssécherheet bal onméiglech ass, en nohaltege Fridden ze erreechen. An ouni Fridden ass d'Probabilitéit, de globalen Honger ze iwwerwannen, ganz minimal. En Däiwelskrees deemno! Beispiller gëtt et der genuch. De Sahel, wou Lëtzebuerg op allen Niveaue vu senger 3D-Strategie - dat ass jo d'Entwécklungszesummenaarbecht, zesumme mat der Diplomatie a mat der Defense - aktiv ass, gehéiert leider och an deen Zenario.

Wéi mer schonn d'lescht Woch am Debat iwwert d'Lëtzebuerger Aussepolitik gesinn hunn, besteet an der Sahelzon eng ganz komplex Urgence mat ganz, ganz kriddelegen Dynamiken, déi och eis Partnerlänner ganz staark mat impaktéieren.

D'OCHA, dat ass d'UNO-Agence fir d'Koordinatioun vun humanitäre Froen, huet rezent informéiert, dass d'Zuel vun Incidenten an der Grenzregioun tëscht dem Burkina Faso, dem Niger an dem Mali - dat sinn dräi vun eise Partnerlänner - massiv eropgaangen ass. Just e puer Zuelen: Aleng dëst Joer gouf et 292 Incidenten, bei deene 650 Persounen ëm d'Liewe komm sinn, Stand 30. September 2021. A jo, dës Onsecherheet mécht et fir déi politesch Decideuren, awer virun allem fir d'Hëlleforganisatiounen um Terrain vill méi schwéier, fir déi vulnerabel Populatiounen op deene Plazen iwwerhaupt ze erreechen. Dobäi kënnt, dass an deem Raum iwwer 5 Milliounen Mënschen an akuter Ernährungssecherheet liewe mussen. A wann een déi ganz Sahel-Regioun betruecht, da sinn dat ronn 14 Milliounen Mënschen. 14 Milliounen Mënschen!

D'Sahel-Regioun ass och eng vun deene Géigenden op der Welt, déi de Klimawandel ganz akut materielle. An do si meng Virriedner och schonn drop agaangen: Méi héich Temperaturen, Dréchten, Iwwerschwemmungen, all déi Phenomeener hunn e groussen Impact op de Bien-être vun de Leit an op hir au départ scho ganz fragill Existenzen. Net ze vergiessen: deen enormen Afloss, deen de Klimawandel op d'Agrikultur huet, wat mat dozou bäidréit, dass Liewensgrundlagen zerstéiert ginn.

Déi politesch Instabilitéit, notamment am Mali - fir ee Moment dobäi ze bleiwen -, hëlleft natierlech näischt. Virun allem an de rurale Géigenden hält d'Gewalt un an hält ganz dramatesch Ausmoossen un. An och d'Interventiounen vun der UNO oder vun der EU hunn et bis elo net fäerdegbruecht, fir do nohalteg Léisungen ze fannen, wat immens schued ass. An och de Friddensaccord bleift zu engem ganz groussen Deel onerfëllt. Ma nawell musse mir weider dorobber hischaffen, fir um diplomatesche Plang Verbesserung fir d'Leit, déi do liewen, erauszeschloen. Mir hu jo keen anere Choix wéi domadder weiderzefueren.

Mir fannen et op alle Fall als LSAP wichteg, de Mali weiderhin ze ënnerstëtzen, och a grad am Beräich vun der Kooperatioun, a mir sollten dobäi weider op Laangzäitstrategie setzen. Et ass awer kloer, dass d'Politiker an d'Zivilgesellschaft aus deene Länner selwer déi primär Responsabilitéit iwwerhuele mussen, fir hiert Land aus der aktueller Situatioun erauszemanövréieren.

Kolleeginnen a Kolleegen, trotz deem awer wéineg encourageante Bild, dat mer haut vun där Regioun zeechen, si mir als LSAP der Meenung, dass een net just d'Kris soll gesinn, mee och de Potenzial.

D'Mënschen aus dem Sahel hu ganz grouss Kontributiounen zum kulturellen, architektoneschen an och akadeemesche Weltierwe bäigedroen. Et ass eng Regioun mat ganz villen natierleche Ressourcen, enger massiver Capacitéit fir erneierbar Energien an immens vill mënschlechem Kapital. Dofir musse mer trotz deene schwierigen Ëmstänn weider alles drusetzen, fir déi nohalteg Entwécklung virunzedreien.

Mir stellen also insgesamt fest, wéi komplex déi verschidde Situatiounen sinn a wéi schwéier et op esou Plaze wéi dem Mali ass, fir iwwerhaupt nach Projeten ze lancéieren. Am Myanmar - an et ass elo scho souwuel vum Minister wéi och vu mengen zwee Virriedner hei ugeschwat ginn - si mir, nodeems e Coup d'État duerch d'Militär d'Aarbecht um Terrain onméiglech gemaach huet, just nach iwwert d'Kontributiounen un international Organisatiounen am humanitäre Beräich aktiv an am Kontext vun den Droits de l'homme, wat richtig bedauerlech ass. Am Nicaragua huet opgrond vun der soziopolitescher Kris d'Decisioun misse geholl ginn, keng direkt bilaterale Kooperatioun mat der Regierung méi oprechtzeerhalen, wat ech richtig fanen, och wann et weiderhin nach Partnerschaften mat lokalen an internationalen ONGen op indirektem Plang gëtt.

Dass trotzdeem och a ganz schwierige Kontexter a mat ganz ville Constraints nach Fortschritter gemaach kënne ginn, hu mer, mengen ech, dem

Devouement an der Expertis vun de Leit um Terrain ze verdanken. An ech wëll mech do gar de Mercie vum Minister an och vu mengen zwee Virriedner uschlëissen un eis Fonctionnaire sur place, u LuxDev, un eis ONGen, un déi vill lokal Mataarbechterinnen a Mataarbechter, Partner, déi alleguer einfach eng formidabel Aarbecht leeschten. Also Respekt alleguerten!

Mee d'Fro stellt sech jo awer och fir si generell: Wéi positionéiere mir eis als Land, wann d'Plaz fir nohalteg Entwécklung ëmmer méi enk gëtt a wann d'Regierung vum eise Partnerlänner wéineg oder iwwerhaupt keng Bereetschaft weisen, fir déi Valeure mat eis ze deelen, déi fir eis besonnesch wichteg sinn? Dat ass jo awer eng zentral Fro.

An eisen Ausseminister huet d'lescht Woch am aussepolitischen Debat vun enger Erosioun vun eise Wäerter geschwat. Ech hat mer deem Ausdrock gemierkt. Bon, Meenungsfräiheet, déi sech degradéiert, Fraarechter, déi mat Féiss getréppelt ginn, nei Gesetzer, déi d'Fräiheet an den Handlungsspillraum vun der Société civile an domat och vun den ONGen aschränken - d'Lescht ass grouss. Et stellt sech ëmmer nees déi zentral Fro am Zesammenhang mat eisen Engagementer a mat eiser Kooperatiounspolitik am Allgemengen: Kann een eise Partner sinn oder bleiwen, deen eigentlech eis Wäerter iwwerhaupt guer net deelt?

De Cercle des ONG, dee virun zwou Woche bei eis an d'Kommissioun komm war an deem och hei schonn zitéiert ginn ass, ass jo der Meenung, dass eis Regierung dem Droit humain eng nach méi grouss strateegesch Bedeitung soll zoumoossen.

Elo ass et jo esou, dass d'Mënscherechter als eng vun deenen dräi transversale Prioritéiten awer fest am Regierungsplang verankert ginn - ech hu se extra nach eng kéier nogelies - an, genee wéi d'Gläichheet vu Mann a Fra an d'Bekämpfung vun der Klimakris, domadder eng iwwergeuerdent Bedeitung hunn. Dat ass jo awer schonn net näischt! Mir hu jo awer keng 50 Saachen am Regierungsprogramm stoen, déi eng iwwergeuerdent transversal Bedeitung hunn. An dat muss och eiser Meenung no grad fir dee Beräich esou sinn. An et ass gutt, dass dat esou ass!

Mee op d'Fro, ob eis dann déi permanent Degradatioun vun de Mënscherechter dovun ofhale soll, an den aarme Länner weider ze hëllefen, hu mir awer och vun Acteuren um Terrain keng affirmativ Äntwert kritt. An dat huet mech och net gewonnert, dass mer keng affirmativ Äntwert kritt hunn, well gefaart gëtt - nämlech mat Recht -, dass sech an deem Fall d'Situatioun vun deene Vulnerabelsten nach weider géif degradéieren. An dat wëlle mer jo awer net! Si sinn als Éischt Victimme vun der politescher Instabilitéit a vun der Degradatioun vun de Mëscherechter an hire Länner, an deem musse mer einfach Rechnung droen.

Fir mech ass a bleibt et vun zentraler Bedeitung, dass mir bei eiser Kooperatiounsaarbecht weiderhin eis Wäerter no baussen droen - dat ass jo evident: Mëscherechter, Rechtsstaatlechkeet, eng gutt Gouvernance, Gläichheet tëscht Mann a Fra. Ech wëll och op dëser Plaz dovun profitéieren, fir eiser Regierung a besonnesch eise Ausseminister ze felicitéieren, dass mir elo eng éischte kéier Member am UNO-Mëscherechtsrot ginn an domat nach eng besser Visibilitéit wäerte kréien, wa mer eis an Zukunft verstärkt fir d'Droits humains asetzen.

Wa mer vun eise Asaz fir d'Mëscherechter a vu Rechtsstaatlechkeet schwätzen, dann dierfe mer d'Zivilgesellschaft net vergiessen, well hir Stärkung an hire Schutz leien eis als LSAP ganz besonnesch um Häerz. Et si ganz schwéier Zäite fir d'Zivilgesellschaft, wann ëmmer erëm nei Gesetzer kommen, déi hir Meenungs- a Beweegungsfräiheet aschränken, déi si stigmatiséieren amplaz se ze stäerken. Op ganz ville Plazen op dëser Welt sinn d'Défenseurs des droits de l'homme a Gefor. Déi sozial Acteuren um Terrain oder d'Journaliste si grouse Risiken ausgesat a mat Harcèlement, mat Menacen a mat Gewalt konfrontéiert. Eist Land schafft bei der Realisatioun vu Projeten um Terrain weider aktiv mat der Zivilgesellschaft zesummen.

Als LSAP ënnerstëtze mir och de Minister a senger Bestriewungen, d'Stärkung vun de Rechter vu Fraen a Meedercher virunzedreien. De Minister ass haut laang dorobber agaangen. En huet eng Strategie „genre“ ausgeschafft, déi hëllef soll, dëst Element an all eisen Interventiounen anzebauen. En Aktionsplang wäert dat nach weider preziséieren. Mir si ganz interesséiert dorunner.

Mir sinn natierlech och frou, dass d'EU an deem Domän méi aktiv wëllt ginn. Enn 2020 gouf den drëten EU Aktionsplang fir d'Gläichheet tëscht Mann a Fra an d'Emanzipatioun vu Fraen a Meedercher lancéiert. Et mécht eis awer weiderhi Suergen, dass verschidden EU-Memberstaaten - a mir wëssen alleguerten ëmmer, wéi eng et sinn, well et sinn ëmmer méi oder wéineger déi nammlecht - aus ideologesche Grënn Efforten an deem Beräich ëmmer erëm ausbremsen. Dat mécht et awer wierklech schwierig!





Ech sinn ëmmer ganz frou an och ganz houfreg op eist Land, wa mir zu deene gehéieren, déi eng kloer Positioun verrieden an déi entaméiert Projeten an deem Domän weider ënnerstëtzen a souguer nach weider ausbauen. Esou eng Virgoensweis ass natierlech net ëmmer evident. Wéi ech dat schonn ënnerstrach hunn, deele vill vun eise Partnerlänner eis Wäerter net ëmmer zu 100 %, mee si hunn deem hir eege Wäerter entgéintzestellen, déi historiesch, kulturell gewuess sinn. An et ass eng kriddeleg Saach, fir aneren déi eege Valeuren opzedrängen. An awer ass et fir eis ganz schwéier virstellbar, net op d'Droits de l'homme hinczewierken an ze insistéieren, dat ëmsou méi, well mir fundamental dovun iwwerzeegt sinn, dass et keen nohaltege Fortschrétt ka ginn, ouni déi elementar Rechter vun de Populatiounen ze respektéieren.

Et muss een also mat Fangerspëtzegefill un déi Saach erugeen, andeem ee beispillsweis ëmmer erëm ënnersträicht, dass staark Fraen a Meedercher, déi eng Bildung kréien, déi eng Stëmm hunn an hirer Communautéit an an alle Beräicher vun der Gesellschaft agebonne sinn, déi e wirtschaftleche Bäitrag kënnen leeschten, e positiven Impakt fir dat ganz Land wäerten hunn.

Eng rezent Etüd vun Oxfam, „Women, Voice and Power“, ënnersträicht op en Neits, dass d'Decisionen, déi méi gläichheetlech a méi inklusiv getraff ginn a lokal verankert sinn, méi direkt a méi laangfristeg Entwécklungsbenefisse fir d'Gesamtpopulation hunn. An dofir begréisste mir och, dass Lëtzebuerg esou Projeten ënnerstëtzt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, insgesamt si mir als Land richtig gutt opgestallt, fir deenen ze hëllefen, déi d'Hëllef am meeschte brauchen. Mir hunn eis 3D-Approche, mir hunn d'Nohaltegekeetsstrategie 2030, mir hunn déi dräi transversal Prioritéiten a mir hunn dräi nei Strategien. Domat kënnen mer net nëmme beschtméiglech schaffen, mee mir kënnen och eise Metaarbechter um Terrain eng beschtméiglech Sécherheet garantéieren.

Dobäi kënnst eis humanitär Hëllef, déi an alle Phase vu Konflikter a Krise reagéiert. An et ass och eng gutt Nouvelle, déi eis de Minister haut ginn huet, dass déi Strategie de Begeebenheeten ugepasst gëtt an nach méi wäit wäert goen. Dat begréisste mir! An et ass och ganz gutt, dass mir hei net nëmme déi sougenannten High-Profile-Krisen op der Welt am A hunn, mee och déi, déi heiansdo net esou vill Attention kréien an de Medien, mee déi awer gläichermoossen dramatesch sinn.

Mir begrëissen och ausdrécklech, dass de Kontrakt fir emergency.lu ausgebaut gëtt. Dat ass en Instrument, dat sech wierklech bewäert huet a Krisensituationen, an et ass eng enorm Plus-value fir déi international Communautéit.

D'lescht Woch war jo dann den UNO-Haut-Commissaire bei eis. Ech muss soen, dat war eng Entrevue, déi mech impressionéiert huet. An déi international Kontexter - dat huet hien och gesot - a Konflikter ginn ëmmer méi komplex a se gi virun allem ëmmer méi politiséiert: Beispill Syrien, Libanon, Sudan. Déi Leeddrend si wéi ëmmer déi Äermst - dat ass och näischt Neits.

A parallell geet d'Zuel vun deenen, déi hir Heemecht verloossen oder, besser gesot, verloosse mussen, massiv an d'Luucht. En huet eis vun deenen enorme Flux-migratoirë geschwat: 6 Milliounen Refugiéen aleng aus Syrien, 3 Milliounen an der Sahelzon, an d'Klimakris dann nach dobäi - dat ass e katastrophale Mix. An da kommen déi politesch Krisen. Do gëtt ganz oft op militäresch Äntwerte gesat, amplaz diplomatesch ze negociéieren - Beispill Äthiopien, wou ëmmer méi gefaart gëtt, dass de gesamte Staat zesummebrécht, oder Afghanistan, wou de Filippo Grandi d'lescht Woch gesot huet: « Tout est en crise. » Alles! Näischt fonctionéiert méi, vun den ëffentleche Finanzen iwwert d'Schoulen, d'Versuergung an de Spideeler bis hin zum Accès zu elementare Sozial- a Gesondheetsdëngschter oder der humanitärer Versuergung vun der Populatioun - Katastroph vu vir bis hannen!

Déi zwee sinn natierlech elo keng Partnerlänner vun eis an der Kooperatioun, mee dat kann eis awer net kalloossen, wat do geschitt. A mir droen deem och Rechnung mat Hëllef vun humanitärer Projeten am Verbond mat internationale Partner an Hëlleforganisatiounen.

Et gëtt also enorm Erausforderungen an der Zukunft. Nieft der Bekämpfung vun Inegalitéiten an der Verbesserung vun de Mënscherechter geet et virun allem drëm, eng gréng Transitoun fäerdegzebréngen, d'Digitaliséierung no vir ze dreiven an nei Finanzéierungsmodeller ze fannen.

Ech kommen ee Moment zum Finanzement, awer net esou vill, well de Minister selwer schonn e puer Explikatiounen an Äntwerten op déi Froe ginn huet, déi ech wollt stellen. Mee deen 1 % Engagement, wou mer ëmmer soen: Majo dann hu mer erëm eisen 1 %!, dat ass awer schonn impressionnant, sollt een awer och trotzdeem soen. An et ass och wichteg, dass mer dat weider maachen. Well grad a

Krisenzäiten ass dee Revenu do eng liebenswichtigen Source. An et geet einfach net anescht. An dobäi ass natierlech d'Fro vun der Iwwerverschuldung e reelle Problem.

De G20 huet zwar eng Rei temporär Mesurë geholl, mee et stellt sech d'Fro, ob se duerginn. Bon, elo reng wat Lëtzebuerg ugeet, sou gi mir als Land Zouschëss a mir probéieren, net zur Verschuldung vun eise Partnerlänner bäizedroen. Mee mir ënnerstëtzen op alle Fall do d'Fuerderung vum Minister, dass mer op EU-Niveau doriwwer nodenke missten, zumindest e groussen Deel vun deene Scholde systematesch ze erloossen, virun allem bei eisen afrikanesche Länner.

D'Organisatioun Jubilee Debt Campaign huet ausgereicht, dass Low-Income-Länner bis zu fënnef-mol méi Suen ausginn, fir Scholden zréckzebezuere wéi fir Mesurë géint de Klimawandel. Dat muss eis awer ze denke ginn. Am Uganda dreift d'Regierung d'Extraktioun vu fossille Brennstoffe weider un, fir Scholde kënnen ze bezuelen. Dat dierft jo eigentlech net sinn, wa mer d'Klimapolitik wëllen eescht huelen. Et wier och gutt, wann dee Sujet op deem Sommet tëscht der EU an der Afrikanescher Unioun 2022 kéint thematiséiert ginn.

Ech wëll eng kleng Reflexioun zu de Remittances maachen. Dat si Suen, déi vu Leit, déi am Ausland wunnen a schaffen, zréck an hiert Heemechtsland geschéckt ginn. Et ass eng Source, déi heiansdo iwwersi gëtt, déi awer global gesinn déi gréisste Source vun externem Finanzement duerstellt, méi héich wéi d'APD oder d'auslännesch Direktinvestitiounen. Si sinn immens wichteg, well se fir déi aarm Länner zu hirer Resilienz a Krisenzäite bäidroen. Laut Weltbank sinn d'Remittances och während der Kris weider gefloss a just ëm 1 %, 2 % erofgaangen a Covidzäiten. Se sinn awer fir ganz vill vulnerabel Leit eng ganz wichteg Upak, grad an dësen Zäiten.

Et gëtt geschat, dass 2019 iwwer 200 Milliounen vu Migrant Workers un hir 800 Milliounen Familljemembere geschéckt goufen. Domat waren iwwer eng Milliard Leit weltwäit involvéiert an hunn domat e verbesserten Accès zu Gesondheitsservicer, Bildung a Logementer kritt.

Mir finanzéieren esou Projete wéi déi doten - dat kéint een och emol eng Käier hei soen -, zum Beispill iwwer Financing Facility for Remittances. Et ass nämlech esou, dass déi regulatoresch Kaderen an deene Länner, wou déi Suen hifléissen, ganz, ganz ënnerschiddlech sinn an dass et drëm geet, d'Schécke vun deene Remittances ze vereinfachen. Well et muss ee wëssen, dass vill vun deene Beneficiaren einfach keen Accès zu deene generelle formale Finanzservicer hunn an dofir dorobber ugewise sinn, dass si adequat Strukture virfannen, déi hinnen zur Säit stinn.

Et ass wierklech wichteg, Här President, hei nach weider Efforten ze maachen, well doduerch vill Familljen e ganz gudd Batz Sue kéinte spueren. Am Post-Cotonou-Accord ass iwwregens virgesinn, d'Transaktionskäschten op manner wéi 3 % ze drécken an déi sougenannte Remittance corridors, wou d'Käschte bei iwwer 5 % leien, ganz ofzeschaffen. An dat wier wierklech eng wichteg Saach. An och hei kënnen déi nei Technologien an innovativ Finanzinstrumenter eng wichteg Roll spillen.

E puer Reflexiounen och zum Volet vun den inklusiven an nohaltege Finanzen, zu deem de Minister jo déi nei Strategie developpéiert huet, déi mir als LSAP ausdrécklech begrëssen, grad well se hëlleft, déi marginaliséiert Populatiounen ze ënnerstëtzen, fir hinnen Accès ze ginn zu finanzielle Servicer oder fir hinnen ze erméiglechen, méi einfach u Geldmëttelen vu Familljemembere kommen. Dat heescht, duerch déi ganz Saach gi mir eng Zort „Enabler“, dat heescht, een, deen eppes méiglech mécht, een, deen eppes méi einfach fir d'Leit mécht. An ech mengen, dat ass och e Grondprinzip vun eis, fir de Leit konkret zur Säit ze stoen an ze hëllefen.

Et ass hei scho vun deene jonke Generatiounen an den Entwécklungslänner geschwat ginn. Effektiv, a ville Länner klëmmt elo schonn den Drock op den Aarbechtsmaart, aleng schonn opgrond vun den demografeschen Entwécklungen an deene bestoenden Inegalitéiten. Mat Hëllef vun inklusiven an innovative Léisunge gi mir grad deene jonke Leit méi Méiglechkeeten, fir och wirtschaftlech Opportunitéiten ze ergräifen an hir Liewensgrundlagen ze verbesseren.

Iwwregens gëllt och déi nämmlecht Remark fir d'Fraen, déi och dacks vum Aarbechtsmaart ausgeschloss ginn. An do denken ech, dass och d'Digitaliséierung, de verbesserten Accès zu digitale Servicer, eng Roll ka spillen, engersäits fir innovativ Léisungen a Saache finanziell Inklusioun ze fannen, awer och anerersäits, fir den Accès zu elementare Servicer ze verbesseren.

Eng kleng Klammer just hei an deem Zesammenhang: En OECD-Rapport zur Digitaliséierung an Afrika huet ënnerstrach, dass d'Covidkris natierlech d'Roll vun der Digitaliséierung gestärkt huet. Ech mengen, dat ass iwwerall de Fall. An och do dréit

dann dozou bäi, dass déi Agenda vun der Afrikanescher Unioun, d'Agenda 2063, besser ëmgesat ka ginn. Mee - mee! -, et gëtt wuel schonn e puer Successstories. Allerdéngs sinn déi Innovatiounen op spezifesch Beräicher limitéiert, an dat muss mer geännert kréien. Well laut OECD sinn et déi digital Innovatiounen, déi wierklech herno den ënnerschied maache kënnen, ob nei Aarbechtsplaze fir déi Jonk un afrikanesche Kontinent geschaaft ginn oder net. An do kënnen mir eng Hand upaken. Mee do muss awer virun allem d'EU eng ënnerstëtzend Roll spillen.

Doriwwer eraus erwaarde mir eis och aner Méiglechkeeten an der Agrikultur a virun allem fir d'Klengbaueren. Mäi Virriedner ass och schonn dorobber agaangen. D'Klengbaueren, d'Klengproduzenten hunn dacks Schwieeregkeeten, fir e gudd Finanzement iwwerhaupt unzezéien. Dobäi kënnst nach, dass Investissementer an deem dote Secteur, am Secteur agricole also, laang als ze vill riskéiert ugesi gi sinn. Mee d'Pandemie huet awer gewisen, dass et eigentlech e ganz resiliente Secteur ass an e fundamental wichtige Secteur an dass en duerchaus ënnerstëtzenswäert ass, och, wat déi finanziell Kontributiounen ubelaangt.

Bon, mir sinn do aktiv. Insgesamt hu mir jo e groussen Knowhow a Saache Finanzen, eng Expertis während 20 Joer opgebaut. An dofir wäert dat och fir d'Zukunft vun der Kooperatioun ganz wäertvoll a villversprechend sinn.

Stéchwuert Privatsécteur - och de Minister ass dorobber agaangen -: De Privatsécteur muss net nëmme eng wichteg Roll spillen, mee ouni d'Participatioun vum Privatsécteur ass et utopesch, fir d'Ziler, d'Nohaltegekeetsziler 2030 iwwerhaupt ze erreechen. An dofir ass et wichteg, eng nach méi staark Interface tëscht ëffentlechen a privaten Acteuren opzebauen.

Kommt mir vergiessen net, dass déi zwou Säiten oft eng ganz aner Sprooch schwätzen, sech heiansdo net esou rannochéieren, wéi et misst sinn. Mee et gëtt awer entre-temps ëmmer méi Beispiller, déi weisen, dass béid Säiten eppes dovunner kënnen droen an dovunner kënnen profitéieren. Ech denken zum Beispill u Business Partnership Facility, e flotte Projet, dee genee an déi Richtung geet.

Här President, ech war virdru schonn drop agaangen, wéi de Klimawandel d'Entwécklungsfortschréiter ënnergruewe kann an dass déi vulnerabelst Länner am mannste Spillraum hunn, fir eng adaptéiert Klimapolitik ze maachen.

Dofir si mir ganz frou, dass och an Europa mat där Team-Europe-Approche ganz aktiv dru geschafft gëtt, dass d'Relance nom Covid eng gréng an durable Relance gëtt. An dofir begréisste mir natierlech och d'Strategie, déi do developpéiert gëtt, well se einfach konkret Weeër opweist, wéi mir méi effikass agéiere kënnen. Bon, d'COP26, iwwert déi hei scho geschwat ginn ass, huet net déi Ziler erreecht, déi se sech gesat hat. An och wann eng Rei vun Ziler elo 2023 oder 2024 sollen erreecht ginn, virun allem am Zesammenhang mat de Kontributiounen fir d'Entwécklungslänner, sou ënnergrueft dat natierlech d'Vertraue vun den Entwécklungslänner, déi op déi Fongen, déi se versprach kritt haten, staark ugewise sinn.

Mir sinn op alle Fall der Meenung, dass mer als international Gemeinschaft en nach méi groussen Effort mussen maachen, fir eis Ambitiounen ze erreechen, a begrëissen dofir, dass Lëtzebuerg mam richtege Beispill virgeet. De Minister huet eng Rei vun Zuele rappelléiert. Vun 2021 bis 2025 ginn 200 Milliounen zur Verfügung gestallt. De Premier huet och annoncéiert, dass d'Kontributiounen fir d'nächst Joer ëm 50 % erhéicht sinn. Dat ass alles dat richtege Signal a virun allem e Signal, ouni dat et net geet.

E Wuert nach zum Suivi vun de Projeten an der Lëtzeburger Kooperatioun: Mir wëllen op där enger Säit aus eisen Erfahrung léieren a méi effikass kënnen schaffen, zum zweeten awer muss mer och Rechenschaft ofleeë vis-à-vis vun de Steierzueler, vis-à-vis vun involvéierten Acteuren. Dat muss mer och maachen. An dofir sinn ech ganz frou, dass mer eis ëmmer méi professionaliséieren, souwuel fir d'Evaluatiounen ze maachen oder gemaach ze kréien - dat si jo neutral Gremien, déi dat maachen -, oder och fir déi Midterm-Reviews ze maachen, Tëschebilanen ze zéien, souwuel wat d'Projete selwer wéi och wat d'Finanzinstrumenter ugeet. Dat ass wierklech ganz, ganz wichteg. A gutt war och déi Nouvelle, dass mer fir den internen an externe Reporting elo déi digital Servicer perfektionéiert hunn. Ech mengen, dat ass och e Stéck Professionalismus, an dat krute mer jo och vun der OECD temoignéiert, dass mer do ganz vill vun deene Recommendationen, déi mer 2017 mat op de Wee kritt haten, schonn ëmgesat hunn.

Nach e Wuert zu der multilateraler Kooperatioun - och dat war hei scho gesot ginn -: Iwwer 88 % vun eiser Aide, déi an déi multilateral Kooperatioun fléisst, déi gutt 30 % vun der Gesamt-APD ausmécht, ass eng Aide non affectée, wou mir a plu-

riannuel a flexibel Projeten investéieren iwwer international Partner, sief dat d'OMS oder ONUSIDA. An do wier ech awer och interesséiert, mee d'Fro war schonn an de Raum gestallt ginn, ob de Minister hei d'Kritik novollzéie kann, dass ee bei där multilateraler Kooperatioun nach méi transparent kéint virgoen oder nach e bessere Suivi kéint maachen, oder ob et wouer ass, dass hei net genee gewousst ass, wou eis Aiden am Endeffekt agesat ginn.

Bon, ech ka mech erënneren aus menger Zäit am Gesondheitsministère, dass mer do ganz enk mat der Sécurité sociale mat internationale Gesondheitsacturen zesummeengeschafft hunn an dass dat ganz, ganz seriö ass. Mee ech wëll awer trotzdeem d'Fro hei an de Raum stellen, well mer se mat op de Wee krute vum Cercle des ONG.

Eent vun de leschte Stéchwierder: d'Kohärenz vun eise Politicken. Wat ass entscheidend, fir dass mer déi richteg Beneficiairen och cibléiere kënnen an zesummen eppes erreeche kënnen? Mir wëlle jo, dass eis Partner d'Moyene kréien an d'Méiglechkeete kréien, fir sech nohaltege ze entwéckelen an hiert Schicksal selwer och an de Grapp ze huelen. Ëmsou méi wichteg ass et sécherzestellen, dass mir d'Fortschrëter an der Kooperatioun net duerch aner Politicken erëm ënnergruewen oder eis eegen Aktiounen blockéieren. Dat wier natierlech eng Katastroph. An dofir ass d'Cohérence des politiques och esou wichteg an esou noutwendeg.

Mir ginn an deem internationalen Center for Global Development op d'Plaz 14 vu 40 Länner gesat. Dat ass jo awer net schlecht, géif ech emol esou soen. Bon, dat muss een ëmmer mat Virsicht genëssen, well do bei den Indexen ënnerschiddlech Methodologien benotzt ginn. Mee se sinn awer ganz gutt, well se eis och inspiréieren, fir eis nach weider ze verbesseren. An do gëtt et nach Verbesserungs-méiglechkeeten, zum Beispill am Beräich vun der Ëmweltpolitik, Zäregasemissiounen, oder Screening vun de Kapitalstréim op der Finanzplaz oder och eis Luxembourg Sustainable Finance Strategy, déi nach weider verfeinert ka ginn, an do hunn och eng Rei ONGen drop higewisen.

E weidert Uleies ass och - an dat kann ech ganz kuerz maachen, well meng zwee Virriedner dorop agaange sinn - déi Saach vum Liwwerkettegesetz, wou mer mussen wierklech weiderkommen. Et wier natierlech immens, wa mer op europäeschem Niveau schnellstméiglech eng Propos fir eng eenheetlech Approche géife kréien. Mir kruten do jo erëm Ukënnegunge gemaach, dass et elo ganz schnell soll weidergoen, mee egal wéi sollt mir awer Diskussiounen ronderëm déi verschiddenst Aspekter vun engem zukünftege Gesetz hei zu Lëtzebuerg aktiv féieren, ganz gären zesumme mat der Zivilgesellschaft. Dat betrëfft souwuel den Applikatiounskader vum Gesetz wéi och d'Fro, wéi eng Entreprisesen da genee cibléiert sinn, wéi eng Verpflichtungen si sollen hunn a wéi eng Rechter si mussen kréien, well dat gehéiert jo och derzou.

Mir hunn iwwregens zu Lëtzebuerg eng Etüd vun der Uni.lu virleien, déi des Froe ganz detailléiert analyséiert. A mir kënnen jo och op d'Erfahrungswäerter vun anere Länner, déi e Gesetz zum Devoir de vigilance hunn, zréckgräifen, wat natierlech och ëmmer ganz wichteg ass.

Här President, ech wëlt dann zum Ofschloss kommen an nach eemol betounen, dass mir zu Lëtzebuerg institutionell gutt opgestallt sinn, fir d'Cohérence des politiques tëscht de verschiddene Ministären an de verschiddenen Acteuren beschtméiglech ze assuréieren. An deem Zesammenhang begréisste mir och de gemeinsame Projet vun eiser Regierung a vun der OECD „Strengthening existing institutional mechanisms and capacities for policy coherence in Luxembourg“, dee vu Mëtt 2020 bis 2022 lafe soll. Dat fanne mir richtig gutt, well insgesamt sollte mir eis Efforten, déi awer impressionnant sinn, net klengrieden. An nawell mussen mer eis ëmmer erëm bewosst sinn, dass mer grad als klengt Land nëmme mat engem kollektiven Effort zu fundamentalen Ännerungen weltwäit bäidroen kënnen.

Fir e groussen Impakt ze hunn, muss ee sech eeben zesummeendoen. Sou ass et nun eemol. Dobäi wëlt ech nach eemol ënnersträichen, dass d'EU als historiesche Player, dee se jo awer ass, an och als ee vun de ganz groussen Donateurs, souwuel bei der APD wéi och am Beräich vun der humanitärer Hëllef, weiderhin eng zentral Roll spille muss. Mat hirer Team-Europe-Approche, déi fir d'ëischt an der Covidkris agesat gouf an elo weiderentwéckelt gëtt, an iwwert déi vill Initiativen, déi do drunhänken, déi ënnert dee Label falen, kënnen mer wierklech eng nohaltege Reprise weltwäit erméiglechen an och d'Impakter vun eise Politicke verstärken. An et ass jo dat, wat mer gären hätten a wourunner mer schaffen. A genee wéi mer dat fir eis national Politiken fuerderen a maachen, muss och de Suivi vun der Team-Europe-Approche gemaach ginn. Dobäi spillen alt erëm, wéi sollt et anescht sinn, d'Prinzipien vun der Effikassitéit, vun der Transparenz a vun der Participatioun vun der Zivilgesellschaft déi essentiell an zentral Roll. A well eeben d'Team-Europe-Approche nach esou nei ass, besteet nach ganz vill





Raum fir konstruktiv Virschléi a Verbesserungen, an déi sollte mir och als Lëtzebuerger weider maachen.

Op alle Fall si mir als LSAP net dergéint, dass d'APD op ganz vill an nei Objektivier hiwierke kann, mee fir eis muss se weiderhin als Alleréischts dofir do sinn, fir d'Aarmut an d'Inegalitéiten ze bekämpfen. Oder anescht gesot, an dat soll meng allerlescht Remark sinn, och wa mir nei Weeër sichen an eis Strategien upassen a weiderentwéckelen, sou däerfe mir eist Hauptzil net aus den Ae verléieren: d'Bekämpfung vun der extremer Aarmut an eng nohalteg Entwécklung fir eis a fir eis Partnerlänner. An déi Schicksalsgemeinschaft dierf keen duerchbriechen. An dat muss och an den nächste Joren eise Kompass bleiwen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Mutsch. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, jo, d'Situatioun weltwäit mécht eis ëmmer méi Suerge: ëmmer méi schwéier Konflikter, ëmmer méi Aarmut an Honger, e Klimawandel, dee méttlerweil mat voller Wucht zouschléit a grad déi äermste Länner am stärksten impaktéiert, an dann eng weltwäit Pandemie, déi méttlerweil 20 Méint andauert an déi och e ganz groussen Impakt op d'Entwécklungslänner hat an och nach ëmmer huet. An dëst huet noutgedrongen och Repercussiounen op d'Kooperatioun an huet eis Partner an eis an eise Striwen no enger fair opgestallter internationaler Gemeinschaft staark no hanne geheit.

D'UN Sustainable Development Goals hate sech zum Zil gesat, den Honger weltwäit bis 2030 ze eliminéieren. A mir sinn absolutt net ënnerwee, dat ziil ze erreechen. Au contraire, d'Zuele klamme rasant mat Estimatiounen, déi soen, dass mer am Joer 2030 méi wéi 840 Millioune Mënschen op der Äerd wäerten hunn, déi ënnerernäert wäerte sinn.

Laut dem World Food Programme leiden iwwer 135 Milliounen Mënschen un akutem Honger, wat gréisstendeels op arméiert Konflikter an de Klimawandel zrëckzeféieren ass, mee eeben elo och duerch dës Pandemie nach schlëmmer ginn ass.

Geschat sinn eng zousätzlech 130 Milliounen Leit duerch Covid a Gefor, un akutem Honger ze leiden. Laut de Vereenten Natiounen sinn aktuell zirka 235 Milliounen Leit, also eng Persoun op 33, op humanitär Hëllef ugewisen. Dat ass par rapport zu den Estimatiounen fir 2020 eng Augmentatioun vu 40 % a quasi eng Verdräifachung am Verglach mam Joer 2014.

D'Unzuel vun de Leit, déi vun hirem Doheem hu misse flüchten, huet sech zënter 2010 och verduebelt. An aus engem Bericht vun der Europäescher Unioun geet ervir, dass humanitär Krise méttlerweil an der Moyenne méi wéi néng Joer daueren.

Ganz rezent ass elo nieft Äthiopien nach eng weider humanitär Kris derbäikomm, nämlech déi am Afghanistan, wou Milliounen Leit op humanitär Hëllef ugewise sinn, dat an engem ganz fragile Kontext, an deem et ganz, ganz schwéier ass, ze schaffen an Hëllef ze organiséieren. An eleng dës Tatsaache stellen e considerablen Challenge fir d'Weltgemeinschaft duer. An d'Resultat dovun ass, dass ze vill Krise quasi guer keng Opmierksamkeet méi kréien.

Leider ass et och esou, dass d'Geeberlänner de Besoinen hannendrunlafen, wann et ëm d'Finanzéierung vun der Aide humanitaire geet: Iwwer 17,5 Milliarden Euro géifen esou feelen. Dat wier laut de Vereenten Natiounen iwwert d'Hallschent vun deem, wat wierklech gebraucht géif ginn. An d'Tatsaach, dass wéinst Covid verschide Geeberlänner hir Kontributioun elo nach erofgesat hunn, hëlleft natierlech och net, fir dee Gap méi kleng ze maachen. An dofir wollt ech hei och ganz besonnesch ervirhiewen, dass mir eis Kontributiounen an deem Beräich awer substanzuell eropgeschräuft hunn. Ech fannen dat e ganz, ganz gudder Message.

Ier ech elo op Lëtzebuerg an déi lëtzebuergesch Kooperatiounspolitik ze schwätze kommen, wéilt ech awer och kuerz den europäesche Volet uräissen, well och hei gëllt, an dat ass och schonn ugeschwat ginn: Zesumme si mer méi staark. D'Unioun zesumme mat hire Memberstaaten ass de weltwäit gréissten Donateur vun Aide humanitaire mat engem Undeel vun ëm déi 36 %.

An enger Welt, déi ëmmer méi vu Konflikter gepräagt gëtt, huet d'EU als Wäertgemeinschaft wierklech all Interêt drun, sech als staarken Acteur ze positionéieren. An natierlech geet et elo net drëm, wéi esou oft an der EU-Politik, um Niveau vum klengste gemeinsamen Nenner ze fonctionéieren. Dat wier wierklech net am Sënn vun eiser Kooperatiounspolitik, besonnesch well mer och wëssen, dass och innerhalb vun der Europäescher Unioun enorm Ecarte sinn an e Groussdeel vun den

humanitäre Finanzementer vun awer just enger Handvoll Länner assuréiert gëtt. Natierlech sollen déi Memberlänner, déi mam gudden Beispill virginn, weiderhin hir Efforte ganz héichhalen.

Elo steet awer um Niveau vun der Europäescher Unioun d'Iwwerleeung am Raum, dass d'EU sech déi néideg Tools sollt gi fir sécherzestellen, dass an der Urgence Hëllef ka schnell an effikass ugebuede ginn, do, wou eventuell Lacunne sinn. An deem Sënn wëll d'EU sech Capacitéite ginn um Niveau vun der humanitärer Interventioun, fir eeben esou Lacunnen ze fëllen a schnell Hëllef unzebidden, dëst complémentaire zum Mécanisme de protection civile vun der Europäescher Unioun.

Bon, ech muss lech soen, ech hunn dat elo eréischt kierzlech esou gelies. Ech hat dat virdrun net um Schiem. An dofir wollt ech nofroen, wat et domadder genau op sech huet. Wéi sti mir zu esou enger europäescher Struktur oder Capacitéit? Well u sech ass et jo absolutt begrëssenswäert, esou eng Hëllefstellung wëllen, kënnen unzebidden. Op där anerer Säit mengen ech awer och, dass dat dann en zousätzlech Déppen ass, wat warscheinlech muss gefiddert ginn. An dat kéint eventuell dann awer op Käschte vun anere multilateralen Organisatiounen goen. An dofir wollt ech wëssen, ob et do scho konkreet Iwwerleeungen dozou gëtt, besonnesch eebe wat den Aspekt vun der Zesummenaarbecht oder der Complementaritéit vun den internationale Strukturen ubelaangt. Voilà!

An da wollt ech och nach eng Kéier kuerz op d'Team Europe ze schwätze kommen. D'Team Europe ass am Kader vun der europäescher Äntwert op d'Covidkris an d'Liewe geruff ginn a besteet aus der Europäescher Unioun, de Memberstaaten, der Europäescher Investitiounsbank an der europäescher Bank fir de Wiederaufbau an d'Entwécklung. Et handelt sech hei ëm e Prozess, deen op ass fir all d'Memberstaaten, fir sech Projeten unzeschleissen. An esou gëtt sech och virgestallt, dass EU-Missiounen oder -Aktivitéite kënnen als Team Europe souzeseen esou gebrandet ginn an erkennbar sinn als Zeeche vu Solidaritéit a Partnerschaft.

Elo ass déi Demarche relativ nei a wäert wuel ..., ech denken, dass et nach wäert e bësselchen daueren, bis dass se sech richteg etabliert huet a bis déi Struktur sech selwer fonnt huet. Ech muss och éierlech soen, dass ech nach net esou richteg konnt erauslesen aus deene ganze Schemaen, wou se sech am institutionelle Gefüge do erëmfënnt. Mee bon, ech hunn awer elo gelies, dass am Kader vun der Initiativ Team Europe schonn Done vu Material konnte realiséiert ginn. Also ginn ech dovun aus, dass dës Initiativ elo schonn, obwuel et se eréischt kuerz gëtt, grouss Friichten dréit an dass dat eng Partnerschaft ass, déi sech nach wäert kënnen ausbauen an op déi mer och an Zukunft kënnen zrëckgräifen.

An ëmmerhi schéngt sech do och schonn éischt gréisser Erfolgsgeschichte weisen ze loosse, mat elo rezent engem Accord vum Team Europe mam Senegal fir eng Produktiounsstell fir Covid-19-Impfstoffer ze produzéieren. An och do hunn ech elo net direkt erausfonnt, wéi een Impfstoff do wäert hiergestallt ginn an ob dat ënner Lizenz leeft oder ob do kënnen Generika produzéiert ginn, mee ech mengen, d'Initiativ ass awer egal wéi wichteg, vu dass bis Enn 2022 eng 25 Milliounen Impfdosen de Mount do solle kënnen produzéiert ginn.

Domadder ass e Schratt gemaach hin zu enger méi grousser Onofhängegkeet vun Importer vun Impfstoffer. An et gouf ugekënnegt vun der Europäescher Unioun, dass dat hei elo wierklech just en éischte Schratt wier vun enger méi breeder Initiativ, fir och Medikamenter an Impfungen a verschiddenen afrikanesche Länner kënnen produzéieren ze loosse, dat zesumme mat der Annonce, dass BioNTech a Moderna och gedenken, grouss Produktiounsstätten an Afrika opzerrichten. Dat sinn u sech ganz gutt Nouvelen, déi allerdéngs relativ laang op sech waarde gelooss hunn.

Nach stellt sech herno awer effektiv och d'Fro vun der Bezuelbarkeet vun deene Medikamenter an deenen Impfungen. Et ass eng net esou schlecht Nouvelle, dass elo ganz rezent och d'Pharmakonzerner Merck a Pfizer eeben ugekënnegt hunn, dass se hiert Covidmedikament, wat wuel relativ effikass ass, fir Hospitalisatiounen an Doud ze verhënneren, dass se den Accord ginn hunn, dass dat Medikament oder hir Medikamenter als Generika kënnen a méi aarme Länner op de Marché kommen. Mee dat ersetzt natierlech nach ëmmer net de Besoin, fir och Impfstoffer kënnen méi gënschteg als Generika ze produzéieren an ze verkaufen, well Preventioun ass awer nach ëmmer de wichtigste Pfeiler, fir aus dëser Pandemie erauszekommen. Mee do konnt bis elo och leider, leider nach keen Accord fonnt ginn.

Parallèl dozou a well dat alles awer net grad esou schnell geet wéi et misst, fir der Saach, fir dem Problem kënnen nozekommen, ass de COVAX-Programm natierlech onentbierlech. Leider sinn och hei d'Ziler an den Timing net esou ganz erreecht gi

mat bis elo ëm déi 500 Milliounen Impfdosen, déi iwwert dee Mechanismus konnte verdeelt ginn. Zil war et awer, bis zum Enn vun dësem Joer 2 Milliarden Dose kënnen auszeliwweren. Elo, esou heescht et emol, kéint dat Zil eréischt um Enn vum éischten Trimester 2022 erreecht ginn.

Bon, wat d'Kontributiounen vu Lëtzebuerg an de COVAX-Mechanismus ubelaangt, sou kann ee soen, dass mir eis mat engem ganz ambitionéierten Engagement bedeelegt hunn. An ech begrësse wierklech Är Ukënnegung vun d'éinescht, Här Minister, dass mer déi Kontributioun elo op 4 Milliounen Dosen eropgeschräuft hunn. Dat ass wierklech e ganz positive Message.

An et si jo och eng 56.000 zousätzlech Dosen aus eise Stock direkt un de Cap Vert transferéiert ginn. An net ze vergiessen, dass och medezinnescht Material wéi Frigoe fir de Stockage vum Impfstoff zur Verfügung gestallt ginn ass. An deem Kader krute mer jo och ganz rezent d'Informatioun, dass medezinnesch Frigoen, déi zu Lëtzebuerg produzéiert gi sinn, sech mat engem A400M aus eiser gemeinsamer Flott op de Wee an de Burkina Faso gemaach hunn, wat, ganz um Rand gesot, awer och wierklech e flott Beispill dofir ass, wéi Defense a Kooperatioun Hand an Hand schaffen a schéi Synergie schafe kënnen.

(**Mme Djuna Bernard prend la présidence.**)

Nieft der Covidkris steet natierlech och déi aner ganz grouss Kris am Fokus, dat ass d'Klimakris. Fir e puer Zuelen ze nennen, déi ech an enger Grafik vum United Nations Office for Disaster Risk Reduction fonnt hunn: Wou tëscht 1980 an 1999 nach vun 1.389 groussen Iwwerschwemmunge rieds war, schwätze mer am Zäitraum 2000 bis 2019 vun 3.254 Iwwerschwemmungen. An änlech Entwécklung gesäit ee bei ganz aneren Naturphenomeneener. Sou sti bei de Stierm der Zuel vun 1.457 Stierm elo fir déi nächst Zäitperiod 2.043 Stierm géigeniwwer. Dat selwecht gëllt bei den extreemen Hëtzwellen: Déi Zuel klëmmt vun 130 op 432. Dréchenten: vun 263 op 338. An dëse Katastrophe sinn d'Länner aus dem globale Süde besonnesch staark ausgesat, wëssend dass si vill manner d'Méiglechkeet hunn, Klimaadaptatiounen ze finanzéieren.

Bon, d'COP26 ass grad eriwuer an de Sujet vum Impakt vun der Klimakris ganz besonnesch op d'Entwécklungslänner huet d'Diskussiounen op dëser COP dominéiert. Vlächtt kann een och um Rand notéieren, dass et fir vill Länner aus dem globale Süden awer relativ schwierig war, iwwerhaapt mat enger Delegation op d'COP ze kommen, ganz einfach, well se net alleguerde konnte rechtzäitig geimpft ginn. Et sinn zwar effektiv grouss Efforte gemaach ginn, fir dass si konnte vertruede sinn, mee hir zivillgesellschaftlech Organisatiounen ware leider zu engem groussen Deel do net representéiert.

Jiddefalls sinn dës Länner, déi selwer kaum eppes zu der Klimakris bäigedroen hunn, mam groussen Wunsch op d'COP komm, vun de räiche Länner Zougeständnisser ze kréien, fir hinnen ze hëllef, fir dee Schued opzekommen. Länner wéi Kenia hu ganz dättelech gemaach, dass bei hinnen iwwer 2 Milliounen Leit virum Hongerdoud sti wéinst dem Klimawandel. Aner kleng Inselstaate gesinn hiert Schicksal besigelt, wann d'Mieresspiegel weider klammen. An eigentlech war jo d'Zil gesat ginn, 100 Milliarden US-Dollar järelech zesummenzekréie fir Klimafinanzéierungsmesuren, déi et eeben deene vulnerabelste Länner sollen erlaben, déi Klimaadaptatiounsmesuren ze finanzéieren. A Lëtzebuerg sengersäits ass sengen Obligatiounen do exemplaresch nokomm. Och dat ass ze begrëssen. Eis Kontributiounen zu deene Klimafinanzéierungsmesurë kommen aus dem Klimafong. Deen huet elo dëse Summer och eng nei Strategie kritt. An där Strategie gouf kloer ageschriwwen, dass eis Kontributiounen zur Hallschent fir CO<sub>2</sub>-Reduktiounsmesurë solle reservéiert ginn, an déi aner Hallschent fir Upassungsmesuren.

Lëtzebuerg huet esou festgehalen, dass fir den Zäitraum 2021 bis 2025 200 Milliounen Euro virgesi sinn. A wann all Land sech op deem Niveau engagéiert hätt, da wier d'Zuel vun den 100 Milliarde järelech och erreecht ginn. Leider konnt deen Niveau un Ambitiounen zu Glasgow elo net erreecht ginn, wat wierklech enttäuschend ass. Mee elo geet et dann drëm, bis zur nächster COP déi néideg Efforten ze regruppéieren, fir dass spëtstens 2022 déi néideg Commitments kënnen gemaach ginn, dass déi entwéckelt Länner hirem Verspriechechen och tatsächlech nokommen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Wichtig ass hei ze widerhuelen, dass et sech bei deenen 200 Milliounen Euro ëm Gelder handelt, déi zousätzlech zu eiser classescher Kooperatioun dobäikommen, déi also net an deem 1 % vum PIB fir d'Entwécklungshëllef matagerechent sinn. An dat ass e Punkt, deen eis immens wichtig ass ervirzesträichen.

Wichtig ass dann awer och, drop ze pochen, an dat gëtt och exemplaresch gemaach, dass déi Koordinatioun tëscht dem Émweltministère op där enger Säit an der Kooperatioun op där anerer Säit einwandfrei fonctionéiert, fir dass d'Kohärenz vun de Programmer an eise Partnerlänner garantéiert ass.

Esou gëtt zum Beispill de Volet Sustainable Finance oder och de Volet Inklusioun vun de Frae geneesou an d'Strategie vum Environnement integréiert, wéi dat an der classescher Kooperatioun de Fall ass a wéi dat elo och an deenen dräi neie Strategien vun der Kooperatioun ausgeschafft ginn ass.

An ëmgedrëit ass et awer och esou, dass de Volet Klima an Émwelt och ëmmer méi an d'Projete vun der Kooperatioun afléisst. Als Beispill kann een hei vlächtt de Cap Vert nennen, wou tëscht dem Environnement an der Kooperatioun wierklech ganz gutt Hand an Hand geschafft gëtt, fir erneierbar Energien ze fërderen, zum Beispill eebe Sonnenenergie, fir Waasser ze pompelen, Education fir Solarinstallatiounen ze maachen, hinne bei hirer Klimastrategie ze hëllef an esou weider. An do gëtt d'Hëllef iwwert de Klimafong ganz an d'Kohärenz gesat vun der Aarbecht, déi scho vun der Kooperatioun um Terrain geleescht gëtt. An esou kënnen d'Synergien natierlech och maximéiert ginn.

An do war ech och ganz frou ze héieren an deem Kader, dass dës „Approche pays“, wéi Dir se genannt hutt, elo och op de Burkina Faso ausgeweit gëtt, wou den Émweltministère dann och elo am neie PIC wäert matmaachen.

A wa mer da bei den dräi neie Strategien sinn, déi jo dëst Joer op den Assises de la coopération presentéiert gi sinn. Do ware mer an der Heure d'actualité, déi d'Madamm Mutsch virum Summer schonn ugefrot hat, scho relativ vill drop agangen; dofir kann ech dat haut e bësselche méi kuerz halen. Ech wéilt just nach eemol widerhuelen, dass mer déi Approche wierklech begrëssen. Hei si mer ganz en ligne mat eise Wunsch no enger beschtméiglecher Kohärenz vun de Politicken a mir gi ganz geziilt an innovativ ressortiwwergräifend nei Synergie sichen. An dat ass gutt esou. Well natierlech ass et essentiel, dass mer all déi Erausforderunge vum Klima, der Biodiversitéit, der Fruchtbarkeet vun de Biedem, dem Bien-être, der Aarmut, der Ongläichheet, der Geschlechtergläichstellung als interkonnektéiert ugesinn.

Nëmme mat enger ressortiwwergräifender Approche kréie mer et och als klengt Land hin, eis Efforten ze bündelen an dës wichteg Erausforderungen zesumme mat eise Partner unzegoen. An net just ressortiwwergräifend, et gëtt och méi e grouse Fokus op d'Zesummenaarbecht mam Privatsektor geluecht, wat enorm wichtig ass, well den Challenge, deem mer géigeniwwerstinn, deen ass eleng iwwert déi ëffentlech Hand net méi ze stäipen.

Während den Assises war zu deenen dräi Strategien gesot ginn, dass déi géifen duerch esou Genre Plans d'action komplettéiert ginn. An ech hat gemengt ze verstoen, dass dat e relativ minutiéisen Exercice wier, fir déi Plans d'action opzustellen. An dofir wollt ech froen, Här Minister, ob déi schonn elaboréiert gi sinn, ob déi schonn um Pabeier sinn an awërfen bei der Elaboratioun heivunner eventuell och scho konnt op d'Expertis vun ënner anere de Representanten aus den ONGen zrëckgegraff ginn.

Fir op d'Aarbecht um Terrain an eise Partnerlänner ze schwätzen ze kommen, do musse mer forcement de Constat maachen, dass Covid eis staark zrëckgehäit huet. D'Projete sinn eng Zäit zum Stëllstand komm, den Echange ass natierlech erschwéiert ginn an a ville Beräicher ass d'Normalitéit nach ëmmer net ganz zrëckkomm.

Fir eis Partnerlänner bedeit dat, dass si zum Deel nach Jore wäerte brauchen, fir erëm op dee Punkt zrëckzekommen, op dee se sech eigentlech virun der Kris scho ropgeschafft haten. A mir haten d'lescht Joer an der Kooperationsdebat schonns doriwwer geschwat, allerdéngs war d'Situatioun dunn nach komplett oniwwersiichtlech. Dofir wollt ech nofroen, ob mer elo entre-temps wierklech ..., also wéi kloer mer déi ganz Projekte gesinn, wat fir en Impakt d'Pandemie op d'Executioun vun deene grouse Projeten en cours hat a besonnesch, wat dat och Stand haut fir de Finanzement vun deene Projekte bedeit. Bedeit dat och vlächtt, dass deen een oder deen anere PIC misst verlängert ginn, well et do ze Retarde komm ass?

Voilà. A wa mer elo de Budget vun 2021 kucke fir dëst Joer, sou stelle mer fest, dass eis ONGen e bësselche méi Gelder accordéiert kritt hunn. Dat selwecht gëllt fir LuxDev. Lëtzebuerg ass domadder eent vun deene weinege Länner, wann net esouguer dat eenzeg, wat effektiv seng ONGen nach gestärkt huet an dëser Kris. Par contre war de Budget fir déi multilateral Organisatiounen liicht erofgange, also laut den initiale Prognosen. An déi Zuelen, déi beroue jo op de budgetäre Previsiounen, déi fir Lëtzebuerg gemaach gi waren. An do hätt ech am Fong och nach eng Verständnisfro





dozou, well vu dass d'Previsioun e covidbedéngt méi schlecht waren an dës awer elo am Laf vum Joer vum Statec no uewe revidéiert gi sinn, wollt ech froen, wéi dat sech genau an der Praxis iwwer-setzt, kuerzfristeg oder mëttelfristeg, op de Budget, deem der Kooperatioun zur Verfügung steet.

Dir hutt jo och widderholl, dat ass eng gutt Saach: Mir bleiwe beim Konsens vun deem 1 % vum PIB, dee soll an d'Kooperatioun fléissen. Mee dat géif jo da bedeiten, ab deem Moment, wou d'Previsiounen am Laf vum Joer no uewe revidéiert ginn, dass de Budget fir d'Kooperatioun och eropgeet. Ass dat dann e Mechanismus, dee sech direkt op de lafende Budget applizéiert? A wa jo, wéi eng Strukturen kënnen dann do mat deene Sue gestärkt ginn? Ech mengen, et ass jo och warscheinlech net ganz evident, fir kuerzfristeg Projeten ze fannen, an déi ee kann, wéi gesot, kuerzfristeg investéieren. An dofir kéint ech mer virstellen, dass een op de Wee geet, fir déi multilateral Kontributiounen dann dee Moment ze erhéijen, well dat, éischstens, méi schnell geet an, zweetens, och déi sech immens driwwer freeën, wa se en Engagement hunn, fir laangfristeg ..., also laangfristeg Zousoe kréien.

Ech hunn nämlech nach deslescht e Post gesi vun der UNHCR, wou si Lëtzebuerg explizitt gelueft hunn, dass mir meerjäreg flexibel Fongen zur Verfügung stellen, well hinnen dat eeben eng gewësse Previsibilitéit gëtt a si domadder och kënnen flexibel an Urgencé reagéieren. An ech mengen, dass et och wichteg ass, dass mer dat bäibehalen.

Oder heescht dat op där anerer Säit, datt, wann een da méi Gelder zur Verfügung huet, een éischer op de Wee geet, vläicht an nei Partner ze investéieren? An dës Fro drängt sech jo souwisou och op, och haut schonn ass déi Fro e puermol an de Raum geheet ginn, wat eeben d'Schwieregkeeten an eise Partnerlänner ubelaangt.

Bon, d'Aarbechten am Myanmar an am Nicaragua sinn noutgedronge quasi agestallt ginn. An och am Mali ass d'Zukunft vun eiser Kooperatioun ongewëss, quitte dass mer nach ëmmer hoffen, dass mer dee PIC iergendwann eng kéier erëm kënnen relancéieren.

Wat de Mali elo konkreet ubelaangt, do wollt ech froen, wéi et do mat der Ëmsetzung vun de Projeten ausgesäit. Konnten déi iergendwéi plus/minus awer nach normal weiderlafen? Konnten déi clôturéiert ginn, respektiv wéi gesäit do eeben d'Zukunft aus? Wéi hale mer eis Partner quasi waarm, fir eventuell kënnen direkt erëm ze relancéieren, wann et méiglech ass?

An ech wollt och froen, ob et eventuell scho konkreet Iwwerleeunge gëtt, fir nei Partnerlänner ze fannen, mat deene mer och dann eng zolitt laangfristeg Kooperatioun kéinten opbauen. Wat wären d'Krittäre fir déi potenziell Länner? Jiddefalls schéngt et mer och net onwichtig, dass mer do awer erëm e bësselche Stabilitéit erakréien, fir och méi laangfristeg op eiser Säit kënnen ze plangen.

Ech si mer elo net sécher, ob ech dat richteg verstan hat, dass mer effektiv mam Ruanda esou eng Partnerschaft kéinten agoen, oder ob dat en anere Genre Partnerschaft war, deem Der ugeschwat hat. Jiddefalls hu mer jo alleguerter matkritt, dass Der op Visitt waart am Ruanda, wou och den MoU ënnerschiwwé ginn ass, fir hinnen ze hëllefen, eng gréng Finanzplaz opzebauen. An den Environnement huet jo och schonn eng Partie Projeten iwwert de Klimafong am Ruanda. An ech mengen, do wären op alle Fall eng Partie flott Synergien, déi ee kéint opgräifen.

Voilà, da wollt ech op dee leschte Punkt ze schwätze kommen, nämlech d'Wichtigkeet vun der Kohärenz vun de Politicken. An dat ass jo och net nëmmen haut, mee och an der Vergaangenheet schonn des Éfteren opgegraff ginn.

Ëm wat geet et do? Bon, et geet am Fong just drëm sécherstellen, dass mer net Gefor lafen an der Praxis, dass mer quasi mat där enger Hand eppes ewechhuelen, während mer mat där anerer Hand eppes ginn. A mir ginn zu Recht fir eis gutt Aarbecht um Terrain a fir eis Virreiderroll an der Kooperatioun gelueft. An trotzdem musse mer oppassen, wa mer de Rescht vun eisem PIB kucken an deem analyséieren, ob mer do an anere Beräicher net eventuell eng Politik bedreiwen, déi eis Verdéngschter an der Kooperatioun kéint ënnergruween, sief dat de Finanzsystem, eise Renteesystem, eis Handelspolitik, eis Agrarpolitik an esou weider.

Eis Aart a Weis ze handeln huet och ëmmer en Impakt op anerer a virun allem op méi fragill Populatiounen. Do kann een zum Beispill d'Agrarpolitik nennen. Do huet eng rezent Etüd vum IBLA iwwert den Asaz vum Soja an Etiopiefudder erginn, dass mer hei zu Lëtzebuerg iwwer 27.000 Tonne Soja verfidderen, deem zu 90 % aus Iwwerséi importéiert gëtt, haaptsächlech aus Latäinamerika. Domadder verbraucht all Awunner hei zu Lëtzebuerg eng Fläch vun 187 Meterkaree ausserhalb vun Europa, fir dass fir eis Soja ugebuede ka ginn.

Do geet et dann drëm, wann een dat weess, dass ee schnell op Alternative setzt an zum Beispill och

kuckt, eegene Soja unzebauen. Firwat? Ma well dës Aart a Weis ze fonctionéieren e staark negativen Impakt huet op déi concernéiert Populatiounen an d'Niewewierkungen dovunner dem Erreeche vun den ugestrieften UN Development Goals entgéintstinn.

Um Niveau vun der Ëmwelt schwätze mer do nämlech vu massiver Ofholzung, vun enger Verschlechterung vun de Biedem, vun engem grousser Biodiversitéitsverloscht a vun enger Kontaminatioun vum Waasser. Awer och um soziale Plang huet dat Konsequenzen: Do schwätze mer vun engem massiven Impakt op déi kleng Landwirtschaft, Entegnung vu Land an esou weider.

D'Cohérence des politiques, do denke mer dann och un den Nohaltegkeetscheck am Gesetzgebungsprozess, iwwert deem och scho méi laang geschwat ginn ass. Dëse soll et zu engem Automatismus gi loossen, dass mir eis an alle Ressorten am Virfeld déi richteg Froe stelle fir sécherzestellen, dass eis Gesetzter keen negativen Impakt op anerer hunn. Zum Beispill misste folgend Froen an all Avant-projet de loi schonn am Virfeld gekläert gi sinn: Wéi een Impakt huet dësen op d'Entwécklungslänner? Kéint en en Impakt op d'Aarmut an der Welt hunn? Kéint en en Impakt op d'medezinesch Versuergung oder op den Zougang zu Bildung an den Entwécklungslänner hunn? Wéi e Klima- oder Ëmweltimpakt hunn eis verschidde Steiermesuren?

Wéi gesot, dat ass eng relativ laangjäreg Demande vun eiser Partei, esou en Nohaltegkeetscheck am Gesetzgebungsprozess anzeféieren. Mir haten d'lescht Joer an dëser Debat och scho kuerz driwwer geschwat. An Dir hutt elo an Ärer Kontributioun virdu gesot, mir wieren hei vun der OECD effektiv och gelueft gi fir deem Nohaltegkeetscheck am Gesetzgebungsprozess. An dofir wollt ech froen, ob deem effektiv dann elo schonn um Pabeier steet. Dat wier nämlech eng ganz gutt Nouvelle, besonnesch dowéinsten, well mer dee Mechanismus deemnächst applizéiere wëllen, oder applizéiere kënnen, wa mer eis am kommende Joer bei der UNO bei enger Voluntary Review presentéieren, bei där mer eis ugemellt hunn. An dobäi handelt et sech ëm eng Iwwerpräiung am Kader vun der Agenda 2030 vun de Sustainable Development Goals, wou Memberstaaten och encouragéiert ginn, sech reegelméisseg esou enger ze ënnerzéien.

A wa mir dee Moment am Kader vun där Evaluatioun effektiv kéinte virweisen, dass mer deem Nohaltegkeetscheck agefouert hunn, ech mengen, da wier dat net zu eisem Nodeel. An ech begréissen dofir och, dass mer eis esou enger Review fräiwëlleg ënnerzéien. Dat beweist nämlech, oder et zeugt vun eisem Bestriewen, ze evoluéieren an eis Saache besser ze maachen.

An ech mengen, et dierf een awer och soen, dass mer a ville Beräicher scho guer net esou schlecht dostinn. Als Beispill och eis Finanzplaz, do hu mer och scho vill driwwer geschwat, déi och vill Efforte mécht an ëmmer méi gréng gëtt. Natierlech, et ass ëmmer nach Sputt no uewen, mee de Wëllen ass do an dee gëtt och relativ daitlech siichtbar.

Nach ëmmer am Beräich vun der Cohérence des politiques, wollt ech nach emol d'Geleeënheet notzen, fir op de Sujet vum Devoir de vigilance fir Betriber anzegoen. Natierlech luewe mer och esou Initiative wéi déi, déi Dir zitéiert hutt, vun där Business Partnership Facility, trotzdem geet dat warscheinlech net duer.

Et ass scho ganz vill driwwer geschwat ginn, dofir ginn ech och elo net méi an den Detail vun esou engem Devoir de vigilance. Aktuell sti jo zwou Froen am Raum. Déi éischt Fro wier, ob d'EU et kuerzfristeg - an do poche mer op „kuerzfristeg“ - fäerdegbréngt, en Text ze proposéieren, deem eise Besoin an deem Beräich och wierklech géif mat couvréieren. An dann déi zweet Fro: Mécht et da Sënn, op de Wee vun engem nationale Gesetz ze goen, jo oder nee?

Déi zwou Froe sinn natierlech enk liéiert an natierlech, idealerweis, an enger perfekter Welt, géife mer schnell en EU-Text virgeluecht kréien, deem tant soit peu ambitiéis ass an op deem mer opbaue kënnen am Kader vun eiser nationaler Ëmsetzung.

Bon, eng Propositioun vun der Kommissioun soll elo laut dem Kommissar Reynders bis Enn des Joers virgeluecht ginn. Bis dohin ass et net méi laang a mir sinn och alleguerter ganz gespaant, wat da wäert doranner stoen. Mee d'Fro hannendrun ass awer, wéi laang et da wäert daueren, bis dësen Text duerch d'Prozedur ass an ob mer eis et um nationale Plang awer erlabe kënnen, eis Aarbechten esou laang ze pausen an der Hoffnung, dass et op EU-Niveau relativ schnell weidergeet.

D'Tatsaach, dass eng änlech Demarche am Kader vun de Konfliktmineralie quasi zéng Joer gebraucht huet, ier se konnt en vigueur trieden, stëmmt eis do éierlech gesot net immens optimistesesch. An elo si mer dës Woch och nach vum Kommissar Reynders an engem Gespräich gewuer ginn, dass hie selwer och nach net weess, a wéi eng Richtung de Gros

vun de Memberstaaten tendéiert. Säitens den Ostlänner ass bis elo nach net ganz vill Feedback komm, soudass een éischstens net ofschätze kann, wéi staark de Prozess eventuell nach kéint ausbremsen gi respektiv wéi kleng deem Dénominateur commun schlussendlech wäert sinn, op deem d'EU 27 sech wäert eenegen kënnen.

An dat alles bestätegt eis am Fong an eiser Positioun, dass mer eis Aarbechten och um nationale Plang solle weiderdreiwen, eebe fir ze verhënneren, dass mer am Endeffekt näischt hunn, weeder en europäeschen Text nach en nationalen Text.

An natierlech héiere mer och d'Stëmme vun deenen, déi soen, dass mer eis domadder e kompetitiven Nodeel verschafen, wa mer eis Betriber zwéngen, Mënscherechter anzehalen.

Bon, ech perséinlech di mech awer relativ schwéier domadder, well et am Fong gläichzäitig ausseet, dass mer drop beharre sollten, Mënsche weider dierfen ausbeuten, well mir soss en Nodeel hunn. An dovunner ofgesinn, dass bishereg Erfahrungen aus eisen Nopeschlänner, déi entspriechend Gesetzer schonn erlooss hunn, net zu Faillitten an net zu Delokalisatiounen vu Betriber gefouert hunn, wier et eis hei awer och wichteg ze soen, dass mer och net akzeptéiere kënnen, dass, wa grouss Entreprises - an ech geheie se hei sécher net alleguerter an en Déppen - hei vu rechtsstaatleche Garantieë profitéiere kënnen fir ze schaffen, fir ze floréieren, wa se op fair Prozedure souwéi och op de Schutz vun eise Strukturen vertraue kënnen, an dann en contrepartie drop beharren, e Recht op Ausbeutung ze hunn, dass dat eppes ass, wat eis net wierklech an de Kapp goe wëllt.

An deem Sënn nach emol vun eis e waarmen Appell, eis Aarbechte konsequent weiderzedreiwen a prett ze si fir all Eventualitéit.

Bon, zum Schluss - an dat ass elo eppes, wat wierklech, mengen ech, bis elo ze kuerz komm ass a menger Kontributioun - wëilt ech awer och nach eng kéier d'Geleeënheet notzen, fir alleguerter deenen e ganz, ganz grouss Merci auszeschwätzen, déi sech et zur Liewensaufgab gemaach hunn, zesumme fir eng méi fair Welt anzestoen. Merci all de Beamten an der Kooperatioun, bei LuxDev an all eise Partner fir hir extreem professionell Aarbecht. Deene wëll ech alleguerter felicitéieren, well et ass hire Verdéngscht - wierklech hire Verdéngscht! -, dass mir et fäerdegbréngen, als klengt Land mat eise relativ gesinn dach weénege Moyenen e grousser positiven Impakt ze leeschten.

An hei hätt ech just nach eng kleng Fro, déi ech wollt drunhänken. Dir hutt nämlech geschwat gehat an Ärer Kontributioun vun engem geplangte Rapprochement vu LuxDev mam Ministère. Do wollt ech just nofroen, wat genau ee sech dorënner ka virstellen.

Ech wollt awer och nach e ganz besonnesche Merci un déi vill, ganz vill Benevollen an den ONGe lassginn. Si schaffen enorm vill um Terrain, mat eise Partner an eise Partnerlänner. Si beweisen a si hunn et bewisen iwwer Joren ewech, dass si flexibel sinn, fir do ze hëllefen, wou Hëllef am meeschte gebraucht gëtt. A grad an dëser Pandemie hu si och gewisen, dass si ganz, ganz flexibel a ganz schnell reagéiere kënnen, an dat - dat muss een och soen - a Pandemieszäiten.

Och elo, wou bei eis erëm eng gewëssen Normalitéit agetratt ass, sinn trotzdem nach ëmmer net ganz vill Manifestatiounen, déi kënnen stattfannen, a si hunn nach ëmmer net ganz vill Méiglechkeeten, Fundraising ze maachen. An ech mengen, dofir ass et och wichteg, dass mer si grad an enger Zäit vun enger Pandemie ënnerstëtzen, nei Donateuren ze fannen, d'Sensibiliséierung vun Grand public unzekuerbelen. Ech mengen, dat wär hinnen eng grouss Hëllef, an domadder wär och garantiert, dass si deem Niveau un Hëllef weider kënnen ubidden, op dee mir schlussendlech alleguerter och mat stolz sinn.

Duerch déi vill fräiwëlleg Aarbecht, déi si leeschten, ginn nämlech och déi Fonge vum Kooperationsbudget, déi fir d'ONGen um Terrain zur Verfügung stinn, ëm e Villfach multiplizéiert. An ech mengen, dass dat dat beschinvestéiert Geld ass, wat et gëtt. An et ass mer wierklech immens wichteg, zum Schluss vu menger Ried dës Mënschen, déi sech wierklech am Alldag fir d'Kooperatioun, fir eng besser Welt asetzen, nach eng kéier vun Häerzen ze luewen an hinne ganz vill Courage ze wënschen, dass se och an e puer Joer nach derbäi sinn, wa mer alleguerter erëm an der Normalitéit ukomm sinn.

Villmools merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci, Madamm Empain. An den nächsten age-droene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Merci, Madamm Présidente. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, Här Minister, ech wollt lech am Ufank Merci soe fir déi

dach detailléiert Explikatiounen, Informatiounen, déi mer hei kruten. Mir konnten eis e gutt Bild maachen iwwert dat, wat Lëtzebuerg wëlles huet, an do ass jo och villes ganz gutt.

Ech wollt hei ufänke mat e bëssen eppes Änlechem wéi d'lescht Joer, an do hunn ech eng Erënnerung aus menger Kandheet. Mee warscheinlech kënnt Der lech och nach drun erënneren, wann Der am Reliounsunterrecht déi kleng Këscht hutt misse matbréngen, wou Der dann d'Suen dragemaach hutt fir déi aarm Kanner an Afrika. Dann hutt Der déi ofginn. An ech hu mech och drun erënnert, wéi dat ofgelaf ass an der Klass. Dann huet ee jo e bësse gekuckt, wéi vill dann d'Noperen, d'Klassekome-rode ginn hunn. An da war ee frou, wann een 200 Frang ginn huet an den Noper an der Bänk just 100 Frang. Da konnt een owes ganz gutt schlofen, dann hat een e gutt Gefill. Wat dat Ganzt elo am Endeffekt bruecht huet, ass natierlech schwéier anzeschätzen. Mee wéi gesot, e gutt Gefill huet et ganz sécher bruecht.

Et gi gewësse Parallelen och zur Entwécklungspolitik, déi mir haut hei hunn. Engersäits gi mer jo daitlech méi aus wéi dat, wat mer eigentlech laut den Accorde vu Rio vun 1992 misste ginn. Deemools war gesot ginn: 0,7 % vum Bruttonationalakommes. Mir sinn do daitlech méi héich, och vill méi héich wéi eis Noperen. An dat hëlleft eis jo dann och, fir eis gutt ze spieren. Da gi mer gelueft vu riets a vu lénks, an dat ass eng gutt Saach.

An da stellt sech natierlech awer och d'Fro, wat dat Ganzt awer trotzdem iwwer all déi Jore bréngt, quitte dass mer ganz sécher ganz positiv Resultater hunn. Mir hunn och ganz vill flott Projeten, déi mer ëmmer erëm gewise kréien. An dat ass och absolutt ënnerstëtzenswäert. Mee mir wëssen alleguerter, dass dat Ganzt och keen Allheilmittel ass, dass Gelder detournéiert kënnen ginn - ech schwätzen net onbedéngt vu Lëtzebuerg, mee allgemeng -, duerch Korruptioun, Bürokratie, dass et och zu negative Konsequenze ka féieren: eng Lämung vun der lokaler Wirtschaft dohannen an och d'Verluer-goe vun eppes ganz Wichtegem, vun der Eegeninitiative!

Erlaabt mer, an deem Kontext dann och eng kéier anzegoen op méiglech Kriticken, déi een un der, ech nennen et mol Entwécklungshëllef, ka maachen. An ech wëll am Ufank agoen op dat Bild, wat mer hunn, ganz besonnesch vun Afrika, oder soe mer mol, dat Bild, wat vill Leit hunn a wat am Fong dann e bëssen dee Stereotyp ass vun den ënnerentwéckelten Afrikaner. Dat ass e Bild, wat vill Leit hunn, dass do Leit sinn, déi permanent eis Hëllef brauche fir ze iwwerliewen, déi soss net eens ginn. An da gëtt vill gespent, an duerno froe sech da vill Leit, well se déi selwecht Biller nach ëmmer gesinn: „Jo, mee wat dëngt dat dann iwwerhaapt? Firwat ännert sech näischt?“

Mee bon, d'Problemer si komplex a schwéier ze léisen. De Minister hat gesot an engem Interview: „Et ass eng Sisypheaarbecht.“ An dat ass natierlech ganz richteg. Ech kommen nach dorobber zrëck.

An Afrika selwer, a ville Länner, gëtt et ëmmer méi Stëmme vun Intellektuellen an Organisatiounen, déi sech géint Entwécklungshëllef an och soss Kooperatioun ausschwätzen. Firwat sollte mir Europäer d'Recht hunn, d'Afrikaner aus hirer Verantwortung fir hir Entwécklung ze verdrängen? Déi Leit soen: „Afrika brauch net méi Geld, Afrika brauch net méi Hëllef.“ Si soen: „Afrika brauch méi Eegeverantwortung!“

Méi Entwécklungshëllef schwächt awer d'Eegeverantwortung. Mir kennen dat Beispill. Dat gëtt et jo net nëmme bei der Entwécklungshëllef. Dat gëtt et och bei der Kannererzéiung, dat gëtt et an der Schoul. Heiansdo ass et och gutt, wann een net ze vill hëlleft, fir grad esou d'Autonomie, d'Eegeverantwortung ze féideren a fir esou laangfristeg méi ze erreechen.

Dat misst een eigentlech wëssen, an dach gëtt awer ëmmer iwwerschwänglech gefeiert, dass mir esou vill Entwécklungshëllef maachen. Mee méi Geld a méi Hëllef féiert net onbedéngt zu méi Entwécklung.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- An d'Entwécklungshëllef, quitte dass se sécher hir Meritten huet - an ech sinn och der Meinung, an dat ass wichteg elo ze soen, dass déi Lëtzeburger Kooperatiounsstrategie eng vun deene wierklech besseren ass -, mee déi weltwäit Entwécklungshëllef dréit och en Deel Verantwortung u ville Feelentwécklungen an den aarme Länner.

Si huet iwwer Joerzénkten e Bild vun Afrika erëmginn, dat laangwiereng méi schuet wéi gutt mécht, an dat, andeems se eigentlech dat, wat haut e kolonialistescht Bild genannt gëtt, ofginn huet vun engem Afrika - an dat deelweis nach ëmmer mécht! -, engem Afrika mat Leit ouni Mëttelschicht, ouni Autoen, ouni iergendwéi positiv Säiten, e Kontinent, wou d'Leit näischt eleng op d'Rei kréien. Dat ass net gutt, well dat ass och net d'Realitéit!





Ma och Deeler - an ech mengen, dat ass och d'Responsabilitéit vun de Leit dohannen - vun de politeschen Elitten an Afrika, an d'Leit iwwerhaapt, hunn dov u profitéiert a profitéiere weider. Duerch déi Hëllefsgelder a soss Hëllefsmoossnamen, déi hinnen zur Verfügung gestallt ginn, brauche si sech och net déi néideg Méi ze maachen, selwer e Staat, dee gutt fonctionéiert, zum Beispill mat méigleche Sozialhëlfelefen an esou weider, opzebauen. Konflikter, Korruptioun an Detournement vu Gelder stinn op der Dagesuerdnung. Leider ass net jiddereen éierlech a vill afrikanesch Politiker kucken haapt-sächlech no sech an no hire Leit - domadder mengen ech awer net d'Bevëlkerung, leider!

Gefërdert gëtt dat natierlech och duerch eng Situation, déi vu viera ganz schwiereg ass. An ech wëll hei op een Aspekt agoen, wou haut nach vläicht net esou vill driwwer geschwat ginn ass, mee wat awer ee vun den Haaptgrënn ass vun de Konflikter, déi mer haut an Afrika kennen, an dat ass de Fakt, dass déi afrikanesch Länner jo gréisstendeels kënscht-lech Natioune si mat enger ganz heterogeener Bevëlkerung. A si leiden nach haut ënnert deene Grenzzéiungen, déi deemools an der Kolonialzäit gemaach gi sinn, déi si zwar och deemools an de 60er-Jore wollten esou bäibehalen. Mee déi Grenzzéiungen, déi waren natierlech gewollt, an haaptsächlech Frankräich an England hunn dat deemools esou gemaach, well si eebe grad Entitéite wollten schafen, déi schwaach sinn, also Länner, déi schwaach sinn doduerch, dass se ganz divers Kulturen a Vëlker op engem Territoire vereenegen, wou déi dann ee géint deen anere kënnen ausgespillt ginn oder déi deelweis souguer scho säit Honnerte vu Jore Konflikter mateneen hunn. Vill vun de Konflikter, déi et an Afrika gëtt, déi gëtt et jo net eréischt säit 10, 20, 30 Joer, mee déi gëtt et säit 300 Joer oder nach méi laang.

Si hunn dat gemaach, fir hir Muecht ze festegen, an haut feelt do natierlech eppes. Déi Länner sinn dann eebe kënschtlech Konstrukter, wou mer keng homogene Gesellschaft hunn, wou mer keng Gemeinsamkeeten hunn a wou ganz oft dann net un engem gemeinsame Strang gezu gëtt. An ech mengen, soulaang déi Situatioun esou ass, dass och dat Denke present ass, dat Denken, wat dohanne besteet a ville Länner, vu Stammeszu-gehörigkeit an esou weider an esou fort, soulaang wäerten déi Länner déi gesellschaftlech, kulturell a politesch Krisen net iwwerwanne kënnen, egal wat geschitt.

E weidere risege Problem, dat ass ugeschwat ginn, ass dann d'Bevëlkerungsexplosioun. Dir kennt déi Zuelen. Den Niger hat 1980 6 Milliounen Awunner, haut sinn et der 24 Milliounen. Also, dat ka jo net fonctionéieren! Afrika huet 1,3 Milliarden Awunner, et wäerte warscheinlech 2 Milliarden Awunner sinn an 20 Joer. An déi Bevëlkerungsexplosioun, dat ass jo eng, wéi et se nach ni ginn ass! An dat wäert enorm Problemer mat sech bréngen: Mangel un allem, Iwwerweidung am ländleche Raum, Desertifikatioun - dat kënnt jo doduerch an der Sahelzon, well déi Populatioun sech esou vergréissert huet, dass net méi genuch natierlech Ressourcen do sinn -, Stied, déi explodéiere mat hirer Bevëlkerung, Manktem un Infrastruktur, Verkéiersweeër, Schoulen an esou weider an esou fort.

En aneren Aspekt ass dann, dass et an deene Länner natierlech och ganz vill u gutt ausgebilte Leit feelt. A wa se emol gutt ausgebilt sinn, da wandere se gutt a gär an Industrielänner aus. An ech hunn hei e Beispill, eng Zuel: Am subsahareschen Afrika geet ee vu 16 Studierende seng Studien an d'Ausland maachen. Dat ass de sougenannte „Braindrain“, d'Migration des cerveaux. An dat ass schlecht fir déi Länner, wa se hir beschte Gehirer esou un d'Industrienatioune verléieren. A wa mir hei wëlle fair sinn, da muss mer derfir suergen, dass déi ganz gutt ausgebilte Leit, Dokter, Ingenieuren an esou weider, net hei bei eis an Europa an zu Lëtzebuerg bleiwen, och wann dat gutt fir eis ass an och gutt fir déi perséinlech Situatioun vun deene Leit, mee dass se zrëckginn an déi aarm Länner, well do gi se am drénglechste gebraucht!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Et gëtt natierlech och ganz vill positiv Entwécklungen. Ech mengen, mir hunn haut trotzdeem eng besser Situatioun, wéi se mol war. Et kann ee soen, dass et der Mënscheet iwwerhaapt am grousser Ganzen haut esou gutt geet wéi nach ni.

An ech ginn elo vläicht laang zrëck - deemno wéi een eebe kuckt, ob dat historesch gesi laang ass -: 200 Joer. Den Undeel vun de Leit, déi an absolutter Aarmut liewen, ass weltwäit gefall, vu 94 % am Joer 1820 op 10 % haut, an e fällt weider. D'Liewens-erwaardung ass iwwerall daitlech geklomm. Et gëtt eng ëmmer méi grouss Mëttelschicht an Afrika, déi och vill konsuméiert. Trotzdeem gëtt et awer och nach ëmmer 30 % vun den Afrikaner, déi ganz aarm si mat manner wéi 1,9 Dollar den Dag.

Proppert Waasser ass nach ëmmer e Problem. Et feelt do un den néidegen Infrastrukturen. An et ass sécherlech net vu Muttwëll, wa mir do dann eebe

grad deenen Äermste vun deenen Aarmen hëlfelefen, och wann et vläicht déi berühmten Drëps op de waarme Steen ass. Mee vill Drëpse kënnen jo awer eppes beweegen.

Mir si kloer fir déi Zesummenaarbecht a fir déi néideg Hëllef, fir déi Kooperatioun ze maachen. Trotzdeem muss een awer och ëmmer déi Ausgabe vu Steiergelder - well dat ass dat heite jo, déi Sue komme jo vun iergendwou hier, déi komme vun de Leit vu Lëtzebuerg, d'Leit bezuele jo awer dofir -, dat Ganzt, mat der néideger Suergfalt geréieren.

Mir stinn hannert der Fuerderung vum Weltsommet vu Rio, déi virgesäit, dass déi räich Länner 0,7 % ginn. 0,7 % ass iwwregens schonn immens generéis. Et kann een natierlech och nach méi wëllen, 2 %, 3 %. Mee eis Noperen, déi sinn drënner; Frankräich, mengen ech, läit bei eppes ëm 0,4 %, vill europäesch Länner nach do drënner. Also, do si mer och souwisou mat 0,7 % scho ganz gutt!

Da géif ech eng Partie konkret Propositione maachen. Éischtens: éierlech a komplett Zuelen. Mir sinn nämlech a Wierklechkeet daitlech iwwer 1 %. An do fuerdere mer och, dass mer endlech all déi ëffentlech Gelder kontabiliséieren, déi reell an d'Entwécklungshëllef fléissen, fir de Prozentsaz ze rechnen, dëst no de Krittäre vum Comité d'aide au développement a vun der OECD. Da géif sech wuel erausstellen, dass mer nach vill méi an d'Entwécklungshëllef stiechen, wéi déi aktuell Zuelen dat soen. Dëst betrëfft ganz besonnesch déi Gelder, déi fir Flüchtlingen an och a puncto Klima nach zousätzlech ausgi ginn an eigentlech och zur Entwécklungshëllef kënnen gezielt ginn. Déi aner Länner maachen dat. A fir e bessere Verglach an der Statistik ze erméiglechen, géif ech proposéieren, dat zu Lëtzebuerg och ze maachen, déi Suen do mat anzerechnen, fir dee Prozentsaz da genee ze kennen.

Zweetens, mengen ech, wier et och gutt, wa mer eng Kéier eng onofhängeg Kontroll hätte vun allem, wat mer maachen an der Entwécklungshëllef. Eng Evaluatioun, déi net gemaach ass doduerch, dass Acteuren een deen anere kontrolléieren, déi awer finanziell a personell an institutionell enk matenee verstréckt sinn, wéi de Staat a LuxDev zum Beispill, mee dass een do kéint eng onofhängeg Evaluatioun eng Kéier maachen, och laangfristeg.

Dann eppes, wat, mengen ech, ganz wichteg ass - an dat ass den nächste Punkt -: Dat ass, fir d'Chamber méi anzebauen. An ech mengen, et ware jo och hei aner Leit, wéi den Här Graas an och d'Madamm Empain, déi e bëssen d'Fro gestallt hunn, wéi eng Länner mer dann elo eraussiche fir déi nächste Joren. Do stelle sech och Froen. An et geet jo ëm ganz héich Zommen! Ech mengen, op eng Legislaturperiod berechent sinn dat fënnefmol 400 Milliounen, also iwwer 2 Milliarden Euro.

An duerfir géife mer et gutt fannen, wann hei an der Chamber géif doriwwer debattéiert ginn, wéi eng Länner mer eraussichen, an dass och déi Ratifizéierung vun deene Programmes indicatifs de coopération hei am Parlament géif gemaach ginn, esou wéi et am Fong och virgesi sollt si vun der Verfassung hier. An dat géif eis et eeben och erlaben, hei an der Chamber eng Debatt ze féieren iwwer d'Opportunitéit - oder d'Netopportunitéit -, déi sech ergëtt vun engem Projet. A mir hunn e bësse geschwat der-vun, dass mer dee Modell hei, wéi mer hei elo déi Debatt féieren, d'nächst Joer änneren, fir dass ee besser ka reagéieren op dat, wat de Minister gesot huet. Ech mengen och, dass déi Rieden hei deelweis e bëssen ze laang sinn an dass et méi flott wier, wann een zwee- dräimol am Joer vläicht méi kuerz an da méi gezielt géif iwwer e Projet schwätzen an dann eeben och doriwwer ofstëmmen.

Wat kann een elo nach konkret maachen? Wat géife mer virschloen? Dat Éischt, dat ass, géif ech elo mol soen - an dat ass och gesot ginn -, e méi korrekten Handel. Dat ass och hei gesot ginn: d'Liwwerketgesetz, d'Suergfalt, déi een do soll hunn. Absolutt richtig! Mir sollen op gutt Handelsrelatiounen mat deenen aarme Länner bauen, den Handel gerecht an esou op wéi méiglech maachen, fir dass mer keng onfair Konkurrenz hunn a fir dass se och Zougang zu de Mäert hunn. Ech mengen, dat ass e bessere Wee, dee mer kënnen aschloen. Ganz wichteg ass et awer trotzdeem och grad do nach ëmmer, d'Eegeverantwortung vun deene Länner an de Vierdergrond ze stellen.

Wat dat Liwwerketgesetz an déi Suergfalt do ueget, do sinn ech allerdëngs e bësse skeptesch. Et huet een et och héiere bei der Madamm Empain vir-drun, wéi si dov u geschwat huet: Dat wäert sécher ganz laang daueren! An ech hunn och d'Gefill, wéi wa vill Leit, déi dat am Fong esou priedegen, dach awer et duerno wäerte verhéinneren, wéi dat da gutt a gär bei esou Saachen ass. Well do, wou et op där enger Säit vläicht Leit gëtt, déi doduerch gewannen, gëtt et op där anerer Säit erëm Leit, déi verléieren, an dat probéieren déi ze verhéinneren. Dat ass esou.

Wat mer absolutt gutt fannen, dat ass déi konkret humanitär Hëllef bei Katastrophen. An dat ass déi,

déi mer och géifen ausbauen. Mir hunn zu Rio1992 gesot: bei der normaler Entwécklungshëllef 0,7 %, alles mat agerechent. Tipptopp! Mee ech mengen, wou mer wierklech méi kënnen maachen - a mir hu jo och do de Fliger, wat eng gutt Saach ass -, dat ass, wa Krise sinn, wa Mënschen an Nout sinn - Iwwerschwemmungen, Hongersnéit, soss Katastrophen, bei Flüchtlingkrisen -, do muss mer an do wëlle mer gäre generéis hëlfelefen, dat ass eng elementar mënschlech Aufgab, a kuerzfristeg an Noutsituatiounen hëlfelefen, wéi zum Beispill - ech hunn dat elo nach erausfonnt, nee, erausgesicht - am August bei engem Äerdbiewen op Haiti.

Dann, zum Schluss, muss ech awer nach e bësse reagéieren op dat, wat hei gesot ginn ass, wat de Minister sot. Wéi soll ech soen? Ech ka jo net ophalen hei, ouni iergendwéi awer ze probéieren, e bëssen d'Levitten ze liesen. An do ass da gesot ginn: „Et ass net méiglech, Entwécklung ze erreechen ouni Mënscherechter.“ Och de Kofi Annan huet dat eng Kéier gesot. Also, ech mengen, mir hunn elo e grousser Pavillon stoen zu Dubai. Ech weess net, mee déi hu jo awer ganz vill Entwécklung a wéineg Mënscherechter!

(*Brouhaha*)

Där Länner gëtt et vill. A mir maachen och Kooperatioun mat Länner wéi Vietnam a Laos. Dat si kommunistesch Diktaturen ouni vill Mënscherechter. An den Här Minister huet nach geschwat vun der Visitt am Ruanda, fir do hire Finanzcenter ze ënnerstëtzen. Ech weess elo net genee, wéi dat konkret soll ausgesinn. Mee en huet och gesot: „Hei ginn direkt Neel mat Käpp gemaach!“ Da sinn ech emol gespaant.

D'Bundesministerium für wirtschaftliche Zusammenarbeit und Entwicklung seet zu Ruanda: „Meinungs- und Vereinigungsfreiheit eingeschränkt, politische Gegner verfolgt, schwerwiegende Verstöße gegen Grundrechte, Tötungen, Folter, Verschwindenlassen von Menschen.“ Dat ass d'Realitéit am Ruanda!

Da froen ech mech: Wou ass dann hei elo eis Politik fir d'Mënscherechter bei all deenen dote Länner, wou mer Kooperatioun maachen? A firwat gi mer elo do e Finanzcenter ënnerstëtzen? Gëtt do mat der Regierung driwwer geschwat? Oder ass dat eis egal? Ass dat Ganzt vun de Mënscherechter net awer e bëssen och eng Fassad, déi mer hei opbauen?

An Dir kënnt dat maachen, wann Dir dat wëllt maache mam Ruanda, jo, mee da musst Der awer och erklären, wéi dat mat Ärer Konzeptioun vun de Mënscherechter iwwereneestëmmt.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Keup. An déi nächst agedroe Riednerin ass d'Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- Merci, Här President, pardon, Madamm Presidentin. Merci villmoos. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, fir d'éischt emol wëilt ech dem Minister Merci soe fir seng ausféierlech Ried duerch d'Lëtzeburger Entwécklungskooperatioun. Ech war ganz bereiert, an ech soen dat ganz éierlech, iwwer verschidde Wieder, an awer och ganz erstaunt a beonrouegt iwwer anerer. Bon, dat ass esou.

D'Lëtzeburger Kooperatioun huet international e gudder Ruff, och wa se net zu deene groussen Acteure gehéiert. Dat läit engersäits un der Konstanz vun eise budgetären Effort, awer och zu engem groussen Deel un der Qualitéit vun der Aarbecht.

Wat d'Quantitéit, dat heescht, déi finanziell Moyenen ubelaangt, sti mir als Lénk natierlech hannert dem laangjäregen Engagement vun 1 %. Dat ass fir eis eng absolutt rout Linn an déi därerf net ënnerschratt ginn, geneesou wéi den Engagement, fir eis APD net ze diluéiere mat Klima- oder Asylausgaben.

Mir kéinten eis och ganz gutt virstellen, iwwer den 1 % erauszegoen, och wann dat warscheinlech politesch Diskussiounen géif mat sech bréngen, déi relativ schwéier ze féiere wieren. Mee ech denken, datt een de wuessenden Inegalitéiten an der Welt iergendwann eng Kéier muss Rechnung droen.

Virun e puer Joer hat mäi Kolleeg, de Marc Baum, hei op der Tribün gewarnt, dass de Budget fir Militärausgabe géif an noer Zukunft de Kooperationsbudget iwwerhuelen. D'lescht Joer, 2020, war et dann esou wäit. Op där enger Säit ass de Kooperationsbudget vu 420 Milliounen am Joer 2019 op 396 Milliounen am Joer 2020 gefall. Dir erënnert lech bestëmmt, déi Lénk haten an deem Kontext eng Motioun agereecht, fir den absolute Montant anzefréieren, déi awer vun der Majoritéit ofgeleent gouf. Op där anerer Säit ass, wéi Dir wësst, den Defensebudget spronghaft vun 382 Milliounen op 429 Milliounen eropgaangen. E louch also 2020 ronn 33 Milliounen Euro iwwer dem Kooperationsbudget, an déi Diskrepanz wäert sech an den nächste Joren nach verstärken.

Mir froen eis also wierklech, wéi eng Lecture ee vun der Realitéit an der Welt maache muss, wann ee méi Moyenen an d'Oprüstung stécht wéi an d'Kooperatioun. Eiser Meinung no, ...

(*Interruption*)

... eiser Meinung no ass et onendlech méi sënnavoll, an d'Verbesserung vun de Liewenskonditiounen vun de Leit ze investéiere wéi an eng militäresch Symptombekämpfung, esou wéi mer se ënner anerem grad am Mali gesinn.

Här President, pardon, Madamm Presidentin, entschëllegt - et ass een esou routinéiert hei -, d'Qualitéit vun eiser Entwicklungszesummenaarbecht, ech hunn dat grad scho gesot, gëtt souwuel vun internationale Gremie wéi och vun eise Partnerlänner ganz positiv gesinn. Dat läit natierlech an éischer Linn um Engagement an um Professionalismus vun deene bedeelegte Leit. Et läit awer och dorunner, dass déi Lëtzeburger Kooperatioun bis elo gréisstendeels desinteresséiert ëmgesat gouf, dat heescht, ouni kommerziell Hannergedanken, wou probéiert gëtt, d'Interessie vun deenen eegene Betriber an de Mëttelpunkt ze stellen.

Ech géif dann och gären hei reagéieren op dem Kolleeg Fred Keup seng Aussoen, dass menger Meinung no net d'Entwécklungskooperatioun, oder d'Hëllef, wéi hie gesot huet, de Problem ass. Dat heescht, déi soll een net erfeschrauwen, mee d'Interessien, déi hannendru sinn. En huet een Ament dovunner geschwat, dass et eventuell Ofhängegkeet schafft. Mir mengen awer net, dass duerch d'Entwécklungskooperatioun selwer eng Ofhängegkeet geschaaft gëtt, mee éischer duerch d'Aart a Weis an d'Interessien, déi doduerjer och mat sech bruecht kéinte ginn.

Ech sot mat Absicht „bis elo“ a „gréisstendeels“, well mer mat enger gewëssener Suerg op verschiden Initiativen a Projete kucken, wou de private Secteur enk mat agebonne gëtt. An der internationaler Kooperatioun ass besonnesch de Begrëff Appropriation, dat weess de Minister, wichteg: Dat heescht, d'Initiativ, fir nei Projeten an d'Liewen ze rufen, muss vun de Partnerlänner, a besser nach vun de Populatiounen, ausgoen. Wann dat net de Fall ass, wa Projete vun Europa aus initiéiert ginn a wa Wirtschaftsinteressie matspillen, da risquéiert een, laanscht déi real Besoine vun de Leit ze goen. Dat ass eppes, wou ee ganz gutt muss drop oppassen an och e Grond, firwat mir am Abléck d'Abannung vun private Secteur an d'Kooperatioun ganz, ganz kritesch gesinn an eeben och ofleenen.

Dofir si bei mir och elo grad d'Alarmglacken e wéineg ugaangen, wéi ech de Minister héieren hunn, vun neien Opportunitéiten a vun enger neier Form vu Kooperatioun schwätzen. An ech froe mech, wéi eng nei Opportunitéiten a wéi eng nei Form vu Kooperatioun dat da sinn.

De Minister huet vum Ruanda geschwat, wou dann op - Zitat - „innovativ Finanzmechanismen an nei Technologie“ gesat gëtt. Ech froe mech da just, awéiwäit dat de Besoinen an der Demande vun der lokaler Bevëlkerung entsprécht, a wéi dës Kooperatioun dann den Ziler vun der lëtzeburgergescher Entwécklungskooperatioun dëngt.

Ech erféiere mech awer och, wann ech héieren, dass d'SDGen, also déi nohalteg Entwécklungsziler, nëmme kënnen duerch den Engagement vun private Secteur erreecht ginn. Dat klängt fir mech e bësselche wéi eng Bankrotterklärung vun eis. Et ass ëmmer nach déi international Gemeinschaft, déi d'Verantwortung huet, fir dës Ziler ze erreechen. Do sidd Der sécherlech mat mer averstanen! Dat kënnt Der noliesen am Text. Dat steet esou am Text.

D'Qualitéit vun eiser Kooperatioun berout awer och zu engem groussen Deel op engem staarken ONG-Secteur. Déi direkt Zesummenaarbecht an déi geliefte Solidaritéit tëschen den zivillgesellschaftlechen Acteuren am Norden an am Süde bréngt eng enorm Plus-value fir d'Kooperatioun.

Ech wëll dofir ënnersträichen, dass een den ONG-Volet net därerf als folkloristeschen Anachronismus betruechten, mee am Géigendeel als en immens wäertvollen an zukunftsorientéierte Bestanddeel vun eiser Entwicklungszesummenaarbecht. D'ONGe sinn am direkte Kontakt mat de Beneficiairen an den Zivillgesellschaften am globale Süden a kennen d'Realitéit um Terrain meeschtens am beschten.

Si hunn hir eegen Analys sécherlech, well si am direkte Kontakt mam Terrain sinn, a kënnen a verschiddene Secteuren aktiv ginn, déi fir déi staatlech Kooperatioun ganz komplizéiert sinn, wéi zum Beispill de politesche Capacitybuilding. Mir plädéieren dofir, weider verstärkt op d'ONG-Aarbecht ze setzen.

An deem Kontext bedauern ech dann och nach eng Kéier déi Decisioun vun 2017, de Kofinanzéierungstaup fir d'ONGen erfrozesetze bei alle Projeten, déi net a „pays les moins avancés“, also den ärmste Länner, oder a Partnerlänner sinn. Dat mécht fir d'Aarbecht vun den ONGen iwwerhaapt kee Sënn a mir bieten den Här Minister, dës Fro eventuell nach eng Kéier op de Leescht ze huelen, d'Tauxen, déi erofgaange sinn.





D'ONGe bréngen awer och nach aner wichteg Elementer mat eran, nämlech engersäits déi politesch Aarbecht hei am Land, déi eisen Debat a wichtige Froe stänneg weiderentwéckelt, an op där anerer Säit och d'Éducation au développement, déi ganz wichteg ass.

Madamm Presidentin, wéi ech 2007 an den Niger schaffe gaange sinn, huet et net laang gedauert, bis ech gemierkt hunn, dass et net do ass, wou een eppes muss änneren, mee dass et u sech bei eis ass, wou mer eppes mussen änneren.

Déi extreem Aarmut an d'Perspektivlosegkeet an d'ekonomesch Stagnatioun sinn zum groussen Deel d'Resultater vu vum Westen imposéierte kolonialen an neokoloniale Strukturen. Et sinn eis Denkscheemen, eise Brëll, dee mir unhunn a mat deem mir d'Welt liesen, déi mir mussen a Fro stellen. An dofir soen ech: Mir mussen eis entwéckelen!

Den Imperialismus geet och haut nach virun, mir dierfen eis näischt virmaachen! Mir gesinn et net, well mer eeben zum groussen Deel dee Brëll, dee koloniale Brëll, nach ëmmer unhunn. De koloniale Brëll erlaabt eis et, eis an eiser Welt, déi op Ausbeutung vu Mënsch, Natur an Déier berout, wuelzefillen. Déi Scheiklappen, déi mer unhunn, maachen, dass mer déi onfair Handelsstrukturen net gesinn, dass mer d'Muechtstrukturen tëscht dem Norden an dem Süden, oder dem Westen an dem Osten - nennt et, wéi Der wëllt - net gesinn an dass mer déi Muechtzentren, déi bei eis sinn, déi politesch, ekonomesch, finanziell, kulturell Muechtzentren, déi bei eis sinn, och net esou erkennen.

Dofir ass d'Éducation au développement an d'Éducation à la citoyenneté mondiale esou wichteg. D'Éducation au développement ass elo e ganzwäertegen Deel vun der Entwécklungskooperatioun. Leider gëtt dee Lien, déi Wichtigkeet vun därer Aarbecht hei bei eis zu Lëtzebuerg net ëmmer gesinn.

D'Prinzipie vun der ED - am Sproochgebrauch - sinn déi, dass een zum Beispill éischters gesäit, dass mer all gemeinsam op engem Planéit liewen. Zweetens, dass eist Handels-, Produktiouns- a Konsumverhalten hei am Norden en Impact op de globale Süden huet. Drëtters, dass mer mussen zesummeschaffen, fir eng nohalteg, inklusiv a gerecht Welt ze schafen. Mir kënnen eis net vuneneen ofschotten. Mir kënnen esou vill Mauere baue wéi mer wëllen, mee mir wäerten entweeder all zesummen eis Haut retten oder alleguerte mateneen zugronn goen!

„All Kand, dat un Honger stierft, gëtt ermort“, seet de Schwäizer Soziolog, Auteur a politeschen Aktivist Jean Ziegler. Hien huet Recht: All 3,6 Sekonne stierft e Mënsch un Honger, e groussen Deel dovunner Kanner, all 10 Sekonnen ass et e Kand. Wa mer eng aner, méi eng gerecht Weltuerdnung hätten a keng Dependence vun globale Süde vis-à-vis vum globalen Norden a wa mer zum Beispill géife virun allem op d'Souveraineté alimentaire setzen an déi an den Zentrum stellen, da wär dat sécherlech net esou de Fall.

All 30 Sekonne stierft och e Kand an Afrika u Malaria. Och dat ass keng Fatalitéit, genee esou wéi den Honger. Dat ass keng Fatalitéit! Och hei bei der Malaria gëtt et Medikamenter, mee Milliounen Mënschen hu keen Zougang zu därer Medikamenter. Ech hunn dat mat mengen eegenen Aen erlieft an och gesinn, well ech hat selwer Malaria am Niger. A wann ee ganz gutt Accès zu Medikamenter huet, ass dat iwwerhaapt kee Problem an iwwerhaapt keng Fatalitéit.

All dës Froe sinn also héich politesch a mussen och vun der Politik geléist ginn. An och d'Flüchtlingskrise si politesch Froen, wéi ech et och schonn d'lescht Woch a menger aussepolitescher Ried betount hunn. Kee Mënsch verléisst fräiwëlleg säi Land, säin Doheem, seng Famill, wann et net aus grousser Nout eraus ass.

An der Éducation de développement geet et dann drëms, déi Zesummenhäng, d'Ursaache vun der Aarmut a méi generell vun de Mënscherechtsverletzungen - well Aarmut ass dat, et ass eng Mënscherechtsverletzung, an Honger och - ze verstoen an eventuell eis Roll dodranner ze gesinn. D'Éducation à la citoyenneté mondiale ziilt drop of, aus dem Bierger oder dem Jonken, wann Der wëllt, en Acteur ze maachen, en Acteur, dee sech fir eng nohalteg, friddlech a gerecht Welt engagéiert.

Mir soe jo ëmmer, mir wëlte gäre Jonker, déi sech méi engagieren. Ma wann een hinnen d'Mëttele gëtt, also d'Schlëssele gëtt, fir d'Welt ze liesen an ze verstoen, da stäerkt ee si, et motivéiert ee si. Ech hunn et x-mol héieren, wéi ech fir meng ONG, fir déi ech deemools geschafft hunn - de Comité pour une Paix Juste au Proche-Orient -, an d'Schoule gaange sinn a wéi déi Jonk mer gesot hunn, dass et si motivéiert a stäerkt, wa mer hinne Schlëssele ginn, Outile ginn, fir d'Welt ze liesen an d'komplex Situatiounen ze verstoen. D'Mënscherechter, d'Grille vun de Mënscherechter, déi maachen dat.

Et geet net duer, déi 17 nohalteg Entwécklungsziler auswenneg ze kennen. Am Endeffekt sinn dat Absichtserklärungen, geneesou wéi deemools d'Millennium Developments Goals virdrun. Wat déi Jonk wierklech interesséiert, sinn net esou vill d'theoretisch Ziler, mee wierklech, wat um Terrain schifleeft. Firwat liewen nach ëmmer Honnerte Milliounen vu Mënschen an Aarmut? Firwat leiden nach ëmmer iwwer 800 Milliounen Mënschen Hunger? A firwat ënnerhëlt keen eppes? Dat si Froen, déi ech ganz oft gestallt krut. Déi Jonk hunn effektiv en immens staarke Sënn fir Gerechtegkeet an dee Sënn gëllt et u sech ze huelen, fir mat deem ze schaffen.

D'Mënscherechts- an Entwécklungsedukatioun soll méi e wichtige Stellwäert kréien. E kritt en, ech weess, ech hunn dat och gesinn. Mee e soll definitiv nach méi staark ginn. Net just well déi Jonk sech immens dofir interesséieren a well mer do-duerjer wierklech Jonker kënnen erreechen a well mer e Bewosstsinn kënnen schafe fir en nohaltege Wandel a Richtung vu méi enger gerechter an inklusiver Gesellschaft - an dat ass am Endeffekt wierklech Entwécklung -, mee och well d'Mënscherechts-situatioun sech weltwäit verschlechtert.

Mënscherechter ginn op alle Kontinenter verletzt, a spezifesch déi, déi sech fir d'Mënscherechter vun hire Matmënschen engagieren, also d'Mënscherechtsverteideger, ginn ëmmer méi ugegraff. Global Witness no sinn am Joer 2020 227 Defenseuren ëmbruecht ginn. Si stinn dacks an éischter Linn, fir Kollektiv-, Sozial- an Ëmweltrechter ze verteidegen. De Cercle de coopération huet eis drop opmierksam gemaach, dass et hei och ëm hir direkt Partner geet. An deem Kontext froe si, dass de Minister eng Referenzpersoun nennt fir déi Mënscherechtsverteideger, an dozou reechen ech dann och elo hei eng Motioun an.

#### Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant la déclaration des Nations Unies sur le droit et la responsabilité des individus, groupes et organes de la société de promouvoir et protéger les droits de l'homme et les libertés fondamentales universellement reconnus* ;

- *considérant que les défenseur.e.s des droits humains sont des personnes, des groupes de personnes ou des organisations qui, par des moyens non violents, promeuvent et protègent les droits fondamentaux* ;

- *considérant l'importance de l'engagement des défenseurs et défenseuses pour les droits humains et notamment les droits sociaux et environnementaux* ;

- *considérant l'obligation solennelle des membres de la communauté internationale de promouvoir et encourager le respect des droits humains* ;

- *considérant les nombreux rapports préoccupants de la Rapporteuse spéciale sur la situation des défenseurs et défenseuses des droits humains qui montrent qu'un nombre croissant de défenseur.e.s des droits humains sont victimes de répression et de violences à travers le monde* ;

- *considérant que notamment les ONG luxembourgeoises sont souvent confrontées directement ou indirectement à travers leurs organisations partenaires dans des pays tiers à des situations où des défenseur.e.s humains sont persécuté.e.s* ;

- *considérant que dans ces situations, les ONG ou autres acteurs non étatiques sont généralement impuissants et qu'une réaction gouvernementale rapide et efficace peut s'avérer décisive*,

invite le Gouvernement

- *à nommer au sein du Ministère des Affaires étrangères un référent pour les questions relatives aux défenseur.e.s des droits humains, notamment pour servir de point de contact pour les acteurs non étatiques et pour coordonner la réponse gouvernementale dans des situations de persécution de défenseur.e.s des droits humains*.

(s.) Nathalie Oberweis.

Si hunn eis drop opmierksam gemaach, dass et esou eng Referenzpersoun an anerer transversale Froe gëtt. Dofir proposéieren ech dann och hei esou eng Referenzpersoun fir déi Mënscherechtsverteideger.

Et muss ee wëssen, dass, ëmmer nach Global Witness no, een Drëttel vun den Attacken op d'Defenseuren am direkte Kontext vun Ofbau vun den natierleche Ressourcë stinn. Do si mer dann erëm bei der Politikkohärenz fir d'Entwécklung a fir d'Mënscherechter, well eis Demande vu Rohstoff hei am globalen Norden dozou féiert, dass op anere Plazen am globale Süde Mënscherechter systematesch violéiert ginn. An dat muss mer gesinn! Dee Lien muss mer gesinn.

Well d'Defenseuren déi sinn, déi an éischter Linn d'Mënscherechter vun hirer Communautéit verteidegen a well si ëmmer méi ënner Beschoss geroen, eeben och am Kontext vum Ofbau vu Ressourcen, deen dacks eiser Demande déngt, proposéieren ech hei och an enger anerer Motioun, dass

mer Lëtzebuerg als „shelter city“ oder als „shelter country“ ausruffen a Mënscherechtsverteideger temporaire hei a Sécherheet kënnen opgehall ginn. Et ass net eng international Protektioun, mee et geet drëms, därer Mënschen u sech eng temporaire Sécherheet ze bidden an enger Stad oder an engem Land, wou si dann eebe kënnen temporaire a Sécherheet sinn. An ech mengen, dat ass eng liewenswichtig an nobel Aufgab. Dofir géif ech lech dës Motioun dann och iwwerreechen.

#### Motion 2

La Chambre des Députés,

- *considérant la déclaration des Nations Unies sur le droit et la responsabilité des individus, groupes et organes de la société de promouvoir et protéger les droits de l'homme et les libertés fondamentales universellement reconnus* ;

- *considérant que les défenseur.e.s des droits humains sont des personnes, des groupes de personnes ou des organisations qui, par des moyens non violents, promeuvent et protègent les droits fondamentaux* ;

- *considérant les nombreux rapports préoccupants de la Rapporteuse spéciale sur la situation des défenseurs et défenseuses des droits humains qui montrent qu'un nombre croissant de défenseur.e.s des droits humains sont victimes de répression et de violences à travers le monde* ;

- *considérant que de nombreux défenseur.e.s des droits humains encourtent des risques pour leur personne et peuvent être exposé.e.s à une pression psychologique intense* ;

- *considérant que des défenseur.e.s des droits humains peuvent se retrouver dans une situation dans laquelle ils/elles ont besoin d'une relocalisation temporaire sans toutefois avoir besoin d'une protection internationale permanente* ;

- *considérant qu'une telle relocalisation temporaire peut s'accompagner de programmes spécifiques qui soutiennent la démarche de la personne et renforcent ses capacités* ;

- *considérant le programme « Shelter cities » implémenté notamment au Pays-Bas depuis 2012,*

invite le Gouvernement

- *à analyser la possibilité de mettre en place un programme d'accueil temporaire pour des défenseur.e.s des droits humains issus de pays tiers et d'informer le moment venu la commission parlementaire compétente des résultats de l'analyse*.

(s.) Nathalie Oberweis.

En anere geféierlechen Trend, dee parallell leeft, ass dee vum sougenannte „shrinking civic space“, also deem Espace, wou ee sech ka kritesch a kontradiktöresch äusseren, dee weltwäit méi kleng gëtt. Firwat gétt dee méi kleng? Ma well a ganz ville Staaten, wéi mer et och schonn d'lescht Woch an eiser aussepolitescher Debatt hei ugeschwat hunn, kritesch an oppositionell Stëmmen ënnerdréckt ginn, repressiv Politik gefuer gëtt a Kontrollmechanisme vun autoritäre Staaten ausgepaakt ginn.

D'Konditiounen, fir sech kënnen zesummen ze organisieren, ze associéieren an auszedrécke ginn ëmmer méi ageschränkt. 87 % vun der Weltbevölkerung liewen a Länner, déi vun dem Netzwierk vun ONGen CIVICUS als zou, ënnerdréckt oder agepaart agestuift ginn. Domadder wüsst därer Chiffer ëm 4 % par rapport zu dem Joer virdrun. Méi wéi ee Véierel vun der Weltbevölkerung leeft an där schlëmmster Kategorie, also an där Kategorie, déi si „zoue Länner“ nennen. Déi späre staatlech an net staatlech Acteuren an, si ermorden, si blesséiere Mënschen, déi hir fundamental Rechter exercéieren an ausüben. Natierlech huet d'Covidpandemie dat verschlëmmert. D'Pandemie gouf a ville Staaten als Virwand benotzt, fir Rechter a Fräiheeten anzueschränken an och, wéi ech et schonn d'lescht Woch sot, an deene Länner, mat deene mir gutt sinn.

Aus all deene Grënn brauch Lëtzebuerg dann eng Mënscherechtsstrategie. De Cercle de coopération bedauert, dass et dës Strategie nach ëmmer net gëtt. Si war awer am Koalitiounsprogramm anoncéiert ginn. Eng Mënscherechtsstrategie géif et erlaben, sech op d'Ursaache vun de Mënscherechtsverletzungen ze konzentréieren, also net d'Aarmut bekämpfe well mer Aarmut bekämpfen, mee d'Ursaache vun der Aarmut bekämpfen. Dofir wëllt ech d'Regierung dann och nach eng Kéier un dëst erënneren. Ma och de Minister selwer huet virdrun vum Wichtigkeet vun de Mënscherechter geschwat mat dem Kofi Annan senger Citatioun: « Il ne peut y avoir ni sécurité, ni développement si les droits de l'homme ne sont pas respectés. »

Och Partnerlänner vu Lëtzebuerg si vun deem Phänomeen vum „shrinking civic space“ beträff. Guatemala ass e Beispill: Do ass en neit Gesetz iwwert d'ONGen a Kraaft getrueden, dat riskéiert, d'Meenungsfreiheet an d'Associationsfreiheet anzueschränken. Mee och zum Beispill den Niger als eent vun eisen Zillänner ass dovunner beträff. Mee mir wëssen et alleguerten: Et sinn net just d'Länner am globale Süden, déi Attacken op de Rechtsstaat

erliewen, mee och ëmmer méi Länner bei eis an der EU. An dat weist eis eemol méi, dass mer alleguerten zesummen an engem Boot setzen.

Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Kooperatioun ass eis immens wichteg. Mee natierlech ass et ëmmer nëmmen eng Drëps op de waarme Steen. Wierklech Verännerung brauch e ganzheetlechen Usaz an dofir ass d'Zauberwuert natierlech, wéi et och schonn hei e puermol gesot gouf, „Cohérence des politiques pour le développement“.

Ech wëll hei net laang op eenzel Beispiller agoen. Dir kennt se alleguer, och an eebe well d'Zivillgesellschaft ëmmer erëm drop hiweist. Eis Handelspolitik ass ausgerichtet op d'Interessie vun eise Multinationallen a verhënnert eng lokal Entwécklung an de Länner vun Süden op ganz villen Niveauen, an dat ass de Problem an net d'Entwécklungskooperatioun selwer. Eis Finanzplaz ass e wichteg Rad bei der Steeroptiméierungspraxis vun de Multinationallen, déi d'Entwécklungslänner all Joer Milliarden Euro kascht. Eise Rentefong investéiert nach ëmmer a Firmen, déi nogewise Mënscherechter verletzten, an ouni staarkt Liwwerkettegesetz riskéieren och Lëtzeburger Firmen, direkt op der Plaz un esou Mënscherechtsverletzungen bedeelegt ze sinn. Aner Theeme si Klima-, Agrar-, Wirtschafts- oder Defensepolitik. Et gëtt der vill.

Eise Constat ass, dass hei an de Kooperationsdebatte scho säit 15 Joer vu Politikkohärenz geschwat gëtt, dass awer an der Realitéit bis elo wéineg geschitt ass. Schlëmmer nach: Mir hunn d'Gefill, dass um institutionelle Plang éischter Réck- wéi Fortschrëtt geschéien.

Virun enger Rei vu Joren ass vum Kooperationsministère e Prozess initiéiert ginn, fir déi Froe ronderëm d'Cohérence des politiques méi strukturéiert unzagoen. De Comité interministériel pour le développement gouf chargéiert, déi Theemen der Rei no duerchzehuelen an Avisen ze verfaasse fir déi zoustänneg Ministeren. D'ONGe waren als Observateur invitéiert a konnnten och selwer Theemen abréngen a presentéieren.

Dës Prozess war sécherlech net dat Gielt vum Ee. Wéi mer Leit confirméiert hunn, déi deemools un de Reunioenen deelgeholl hunn, waren d'Diskussiounen oft iwwerflächlech. Et gouf selten eng verdéiwend Analys gemaach an d'Avisen waren zimlech schwaach. Mee et war zumindest emol en Ufank vun enger méi methodescher Approche.

Dat alles schéngt awer elo e bëssen ageschlof ze sinn, fir et emol léif ze formuléieren. Wéi ee jo an deem rezenten Dokument vum Cercle de coopération kann noliessen, datéiert dee leschten Avis vum Juni 2017. An d'Plattform vun den ONGe kritiséiert och, dass därer Forum senger Roll net méi gerecht gëtt, sou wéi se am Gesetz virgesinn ass.

Et schéngt mer evident - ech wär frou, wann et net esou wier, vläicht kann de Minister jo herno drop agoen -, dass et hei en neie politeschen Impuls brauch, fir dës Aarbechten engersäits ze relancéieren, anerersäits awer och weider ze entwéckelen an ze verdéiwen. Ech notzen dofir dës Geleeënheet, fir den Här Minister ze invitéieren, sech där Fro méiglechst schnell unzehuelen.

Eng Aart a Weis, fir dës Aarbechte weiderzebréngen, wär zum Beispill wann de Comité interministériel géif extern an onofhängeg Etüden an Opdrag ginn, fir verschidde Problemfelder ze verdéiwen. Eng aner Pist wär, d'Parlament méi mat anzubannen. Esou këinten déi Avisen - wa se dann iergendwann erëm géife vum Comité interministériel produziéiert ginn - och an där zoustänneger Kommissioun a firwat net hei an der Pleniéire behandelt ginn.

An eisen Aen ass de Kooperationsminister net nëmmen de Gestionnaire vun der Entwécklungszesummenaarbecht, hie muss och virun allem den Affekot vu sougenannten Entwécklungslänner sinn. Et wär schéin, wann den Här Fayot dat och géif esou gesinn.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci, Madamm Oberweis. An den nächsten geschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Madamm Presidentin. Mir Piraten sinn houfreg, dass Lëtzebuerg senger Partnerlänner hëlleft, sech esou gutt wéi et nëmme geet op d'Erausforderunge vu muer virzubereeden.

D'Kooperationshëllef ass e villfälteg Theema, wou op ville Plazen an op villen Theemfelder muss gehollef ginn. Mir Piraten sti kloer zu enger grousser a staarker Kooperationshëllef an ënnerstëtzen d'Regierung an all hire Beméiungen, fir deene Länner an hire Leit op der Welt ze hëllefen, déi et net esou gutt hu wéi mir. Mir wëllen op därer Plaz awer och kloer soen, dass méi Partnerlänner net dierf heeschen, dass eis jëtzeg Partner manner Hëllef kréien. Wann de Ministère d'Unzuel u Partnerlänner wëllt erhéijen, da muss och de Budget proportionell dozou klammen.





Lëtzebuerg huet vill Fongen, eng staark Bankeplaz, déi weltwäit aktiv ass a vill Benefisser mécht. Dofir hu mir als Land och eng besonnesch Verantwortung am Beräich vun der Kooperatioun. Et kann een net just op där enger Säit de Profitt erauszéien an net op d'Auswierkungen agoen a reagéieren.

Mir Piraten erkenne kloer d'Klimakris, jo, de Klimanoutstand un. Dofir gehéiert fir eis zur Kooperatioun och ganz kloer den Ausbau vun nohaltegen Industrien an Energien, fir esou Partnerlänner op d'Konsequenze vun Klimawandel virzebereeden an dem Klimawandel entgéintzewierken. Mir begrëssen dofir, dass Lëtzebuerg en neie Kooperationsprogramm mam Cap Vert ausgeschafft huet, fir d'Ausbildung an d'Baue vun erneierbaren Energien unzekerbelen.

Zu den Erausforderunge gehéiert momentan awer leider och d'Bekämpfung vun der Pandemie. Lëtzebuerg huet Frigoen an Impfdosen an aner Länner geschéckt, fir de Leit och do Accès zu engem Schutz géint de Virus ze ginn. Mir sinn do ganz d'accord mat der Regierung. Dës Regierung huet och mat der globaler Allianz fir Impfstoffer, déi sech fir e besseren Zougang fir d'Impfung op der ganzer Welt asetzt, 2020 de Montant verduebelt. Dat fanne mir top!

Momentan leien awer och nach 13.000 Impfdose vun AstraZeneca bei eis am Lager, déi warscheinlech Enn des Mounts wäerten oflafen. Mir Piraten fannen, dass dës Dose musse schnellstméiglech un aner Länner weidergereecht ginn. Lëtzebuerg braucht am Moment kaum bis keng AstraZeneca-Impfung méi, well den Impfstoff leider nach net als Booster zougelooss ass an d'Leit sech elo éischter impfen, fir séier déi zweet Dosis ze kréien, fir esou konform mam CovidCheck ze sinn. Mir dierfen dës Dosen net oflaze loossen!

Lëtzebuerg huet d'lescht Woch jo och Frigoen an aner Länner geflunn, fir dass déi Impfstoffer ënnert de richtige Konditiounen kënn gelagert ginn. Dofir gouf eisen A400M benotzt - wou mir scho beim Militärflieger sinn -, deen an dësem Fall awer éischter als Kooperationsflieger ze gesi war. Dofir fanne mir Piraten, dass souwuel den A400M wéi och eis MRTT-Flott eise Partnerlänner an Zukunft verstärkt méi flexibel zur Verfügung solle gestallt ginn. Mir sollten hinnen d'Optioun ubidden, Fluchstonnen, déi Lëtzebuerg zegutt huet, benotzen ze kënnen.

Zréck bei d'Pandemie. Mir Piraten stinn och weiderhin zu eiser Fuerderung, fir Zwangslizenz fir d'Covidimpfstoffer ofzeginn. Et gëtt nach ëmmer ze vill Länner, wou ze wéineg bis bal guer keng Leit geimpft sinn. De Westen, jo dorënner och d'EU, huet d'Demande vu Südafrika an Indien fir d'Aussetze vun TRIPs-Accord blockéiert. Et ass nach net ze spéit, well och elo nach kënnen d'EU-Länner iwwerzeegt ginn, fir der Aussetzung vun TRIPs awer nach zoustëmme. Mir als EU mussen eis hei solidaresch weisen an eng Schëpp bäileeën, fir dass méi Impfstoffer an d'Entwécklungslänner kommen.

D'Lëtzebuenger Entwécklungshëllef baséiert sech ganz vill op d'Schafe vun enger finanzieller Onofhängegkeet duerch Mikrokreditter, déi virun allem u Frae vergi ginn. Eng méi staark Of trennung vun der Finanzplaz an eiser Entwécklungspolitik an d'Egalitéit tëscht de Geschlechter si jo zwou vun den dräi Prioritéite bis 2030. Dat ass u sech e ganz gudden Usaz, dee mir och begrëssen, well mir doduerjer d'Fraen an eise Partnerlänner stärkeren an eis op den Knowhow vun der Finanzplaz beruffe kënnen.

Allerdéngs sollt d'Lëtzebuenger Entwécklungshëllef net nom Prinzip „Du gëss mir eppes, da ginn ech dir eppes“ fonctionéieren. Dës Länner kënnen vun eise Knowhow an eisen Hëllef profitéieren, ouni dass se doduerjer iergendwellech Deals mat eise Land mussen agoen oder mat der Finanzplaz. Eis Entwécklungshëllef soll en Investment an dës Länner, an hir Bevëlkerung, an hir Zukunft sinn. Si dierfe keng staatlech Obligatiounen sinn, fir en Deal anzegoen. Mir Piraten fuerderen dofir, dass d'Kooperationspolitik vun eise Land onofhängeg vun eise wirtschaftlechen Interesse bleift, mee no de Wäerter vun de Mënsche kuckt.

Leider muss een och soen, dass Lëtzebuerg seng Hëllef an heiansdo falsch placéiert. Der Lëtzebuenger Kooperationsstrategie gehéiert och den Agri-Business Capital Fong, ee Fong, dee soll hëllef, nohalteg Liewensmittelketten an Afrika opzebauen, fir esou och am ländleche Raum de Leit Aarbechtsplazen ze bidden. Dëse Fong gëtt awer vun Cercle de coopération an och an hirer Feuille de route kritiséiert, well d'Suen aus dem Fong scheinbar och genotzt gi fir industriell Fuddermittelproduktiounen, en Industriezweig, dee jo definitiv net fir Nohaltegkeet steet. Et ass elo schéin a gutt, wa mir esou Fonge lancéieren, mee da muss och e Suivi an eng kloer Kontroll gemaach ginn. Dofir fuerdere mer d'Regierung op, déi Firmen, déi mat dësem Fong ënnerstëtzt ginn, weiderhin ze kontrolléieren.

Madamm Presidentin, am Fall vun Franc CFA, dee vu 15 Länner a Westafrika nach genotzt gëtt, dorënner eis Partnerlänner Nigeria a Senegal, weist sech,

dass Europa sech nach vill ze oft a Saachen amëscht. Den CFA ass als Währung ze staark a bremst dofir och de wirtschaftleche Wuesstum an dës Länner aus. Dës Währung gëtt a Frankräich gedréckt an d'Hallschent vun de Währungsreserve leien och bei der franséischer Zentralbank. Et ass also Frankräich eleng, dat decidéiere kann, eng Währung, mat där et u sech näischt méi soll ze dinn hunn, ofzewäerten.

**(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)**

Dëst ass eng neokolonial Währungspolitik vu Frankräich, déi mir Piraten ganz kloer kritiséieren. Déi afrikanesch Länner haten 2019 ugekënnegt, eng nei Währung, den Eco, anzeféieren, deen dann näischt méi mat Frankräich ze dinn hätt. Dëse Projet schéngt awer och aus nach net bekannte Grënn an der Versenkung verschwonne ze sinn.

Wann dës nei Währung net sollt kommen, sollt Lëtzebuerg an och d'EU iwwerleeën, de Leit net nëmme Mikrokreditter unzebidden, mee hinnen och ze weisen, dass se duerch Kryptowährungen erëm selwer iwwer hiert Geld kënnen decidéieren. Ëmmer méi jonk Afrikaner a Länner wéi dem Niger oder Kenia notze Krypto, fir sech Produkter ze kafen oder Wueren aus hirem eegene klenge Geschäft ze verkafen. Och vill jonk Afrikaner, déi dem Kontinent de Réck gedréint hunn, profitéiere vu Kryptowährungen, fir kënnen Suen un hir Famill ze schécken, dëst ouni iergendwellech Fraisen oder Banken.

Mir Piraten gesinn a Krypto eng Chance fir méi Selbstbestëmmung an den Entwécklungslänner, dëst duerch Apps, déi een op de Smartphones ka selwer steieren a wou een net drop ugewisen ass, an enger grousser Stad ze liewe wou eng Bank ass. Esou kënnen d'Leit sech hiert Liewe vereinfachen an och hir Famill ënnerstëtzen. A Länner wéi Venezuela ass dat aktuell nach ee vun den eenzege Weeër, fir u Geld ze kommen a sech säi Liewen ze erméiglechen.

Här President, Ech kommen zum Schluss. Lëtzebuenger ONGen an och auslännesch Hëlfsorganisatiounen maachen hiert Besch, fir dës Projeten op d'Been ze stellen. A mir mussen hinnen duerch méi einfach Bürokratie a méi koordinéiert Efforten hëllefen, dat Besch aus deene Moyenen ze maachen, déi se hunn. Dofir eise Gesetzesprojet fir d'Ofschafe vun der Erstellung vu Memberslëscht vun ASBLe, deen hinne wäert zeguttkommen an d'Bürokratie wäert vereinfachen.

Eis geet et drëms, den ASBLe vill Aarbecht ze erspieren a gläichzäiteg och eppes fir den Datenschutz ze maachen. E klenge Wénk: Mir hunn dëse Gesetzesprojet 2018 deposéiert a waarden nach op den Avis vun Staatsrot.

Här President, wa mir iwwert d'Kooperatioun schwätzen, mussen mir awer och iwwer eis Aussen- an Ekonomiespolitik schwätzen an e klare Statement ofginn, fir dass eis Kooperatioun net just als Reparatur soll benotzt ginn, fir Schied ze behiewen, déi een ugericht huet duerch eng falsch Aussen- oder Wirtschaftspolitik. Nee, mir mussen hei mat méi Kohärenz iwwerzeegen.

Wéi de Minister a senger Ried erwänt huet, sinn d'Mënscherechter eng Prioritéit. Mir Piraten fannen, dass dat am Sënn vun der Kohärenz ass. De Minister misst awer dofir seng ekonomesch Partner wéi Katar, Saudiarabien a weiderer iwwerdenken. Lëtzebuerg setzt jo gär op Prestigeprojet wéi zum Beispill e Satellitt oder eng Dubai-Expo.

Mir Piraten fannen, dass een, amplaz Satellitten an d'Luucht ze schéissen, fir op Problemer erofzekucken, léiwer sollt déi Suen huelen, fir d'Problemer um Buedem ze léisen.

D'ONGen hunn d'lescht Joer vill fir d'Länner gemaach a si leeschten immens vill Aarbecht. Ech wëll hinnen dofir op dëser Plaz och e ganz grouse Merci fir hiert Engagement soen. Mir als Politiker mussen derfir suergen, dass si esou einfach an onbürokratesch wéi méiglech hirer Aarbecht kënnen nogoen an de Leit hëllefen. Gläichzäiteg mussen mir och Sanktiounen géint déi Länner ausschwätzen, déi d'Hëllefer vun den ONGen drangsaléieren oder souguer ëmbréngen. E Beispill: Laut dem Rapport „Global Witness“ sinn 2020 weltwäit 227 Klimaaktiviste leider ermort ginn. Dës Leit setze sech derfir an, dass eise Planéit nach fir déi nächst Generatiounen erhalte bleift, an dofir mussen mir si schützen. Mir Piraten verurteilen op d'Schäerfst all Gewalt, déi géint dës Leit geriicht ass a mir wäerten eis och weiderhi fir hir Ziler asetzen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Kooperationsminister Franz Fayot.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Deputéiert, ech géif wierklech gär jiddwerengem Merci soen, deen an dësem Debat intervenéiert huet, fir dee räichen, interessanten Debat an och déi Reaktiounen op meng Interventioun. An ech probéieren elo, esou gutt wéi méiglech op

jiddwerengem seng Punkten a seng Observatiounen an och seng Froen anzegoen. Wann ech eppes vergiessen, da sidd mer net béis an da kënnt Der och gärten och nach eng Kéier nohaken, wann Der wëllt.

Ech géif d'Reiefolleg vun de Riedner respektéieren an ufänke mam Paul Galles senger Interventioun, dee jo seng Ried ënnert de Fokus vun Klimawandel gesat huet an deen och seng Impressiounen vun der COP26 afléissee gelooss huet a seng interessant Interventioun. En huet en fait jo am Fong eis Kooperationsaktiounen ënnert dem Fokus vun dem Klimawandel gekuckt. An ech si ganz d'accord, dass dat natierlech effektiv e ganz kruziale Punkt ass.

Ech hunn och probéiert, dat a menger Ried ze soen. Et ass alles liiert an engem Kontext vu multiple Krisen, an d'Klimakris gehéiert natierlech dozou. Dofir probéiere mer ëmmer, an dofir hu mer déi Strategie adoptéiert, fir am Beräich vun den erneierbaren Energien, am Beräich vun l'Environnement méi ze maachen. Dat ass engersäits eng transversal Strategie, dat heescht, dass mer all eis Politicke préiwen op d'Konformitéit zu deem Objektiv, fir géint de Klimawandel ze agéieren engersäits, an dass mer awer och punktuell Saache maachen am Kampf géint de Klimawandel.

Dir sidd op de Cap Vert agaangen. Dat ass e ganz gutt Beispill, wéi esou eng Politik kann ausgesinn. Et ass engersäits natierlech de Fokus op erneierbar Energien. De Cap Vert, dat ass dat éischt Partnerland, wat ech visitéiert hunn am Februar 2020. De Cap Vert ass e Land, wat ganz staark leit ënner enger laanger Dréchent. Déi haten deemools dräi Joer kee Reen um Cap Vert op deenen Inselen. Dat ass wierklech dramatesch! Dat heescht, se sinn ugewisen op d'Desalinisatioun, se mussen Mier transforméieren a Waasser, fir kënnen an hirer Landwirtschaft anzesetzen, an dat erfuerdert natierlech e ganz groussen Energieopwand.

An dofir hu mer mam Cap Vert och elo an deem neie PIC esou eng wichteg Achs, fir engersäits d'erneierbar Energien do auszebauen. Mir hunn awer och an deem Beräich, an dat gräift dann zesummen an eis Formation professionnelle, deen Zenter fir erneierbar Energien, wou mer Formatiounen ubidden, de CERMI (ndlr: Centre des énergies renouvelables et de la maintenance industrielle), dee mer do gebaut hunn, wat e ganz flotte Projet ass, wou Jonker um Cap Vert geléiert ginn, wéi se kënnen Fotovoltaikpannoe reparéieren, wéi se déi och kënnen installéieren, a wéi se kënnen Eoliennen instaléieren a reparéieren.

Dat ass e Projet, deen d'ailleurs iwwert de Cap Vert erausgeet, wou och Jonker aus anere Länner kommen, fir déi Saachen ze léieren. Do maache mer en Impakt an deem Land, dee wierklech fantastesch ass. An dat ass wierklech dee Genre vu Beispill, wéi mer kënnen eis traditionell Stärkten an der Formation professionnelle, an der Education, zesummebréngen mam Kampf géint de Klimawandel a fir engem Land wierklech ze hëllefen, fir, wéi Der et richtig gesot hutt, déi erneierbar Energien, déi et jo do en abondance gëtt - Wand, Sonn, Waasser - anzesetzen am Kampf géint de Klimawandel.

De Cap Vert ass do wierklech e formidabelt Beispill. Mee dat maache mer och an anere Länner, wéi ech et gesot hunn a menger Ried, wéi zum Beispill am Burkina Faso, awer och op munch anere Plazen. Dat ass sécher eppes, wat mer och an Zukunft nach wäerte méi ausbauen.

Dir hutt och ganz Recht, dass een do muss Leapfrogging maachen. An dat ass d'Schwieregkeet an där ganzer Diskussioun, dass een deene Länner muss soen: „Maacht net genee dat, wat mir gemaach hunn! Maacht direkt eppes, wat mir elo probéieren, an eise Länner lues a lues ëmzesetzen! Setzt net op déi fossill Energien, gitt direkt eriwuer op erneierbar Energien! Setzt och direkt op digital Saachen, déi Der da kënnt kombinéieren, wéi mir dat jo och probéieren ze maachen!“

Mir maachen och eng duebel Transitioun, déi digital ass an déi nohalteg ass, an ech mengen, et ass wierklech en Challenge ze probéieren, fir och wierklech direkt an eise Partnerlänner déi Innovatioun do duerchzusetzen an dann op deem Wee och méi effikass ze ginn am Kampf géint de Klimawandel a géint d'Verschwanne vun der Biodiversitéit.

Dir hutt mech ugeschwat op déi Kritiken, déi komm sinn am Cercle des ONG sengem Avis, wat elo de Beräich vun der Agrikultur ugeet. An ech wollt och do kuerz drop agoen. Mir hunn am Beräich vun der Agrikultur eng Rei Projeten, déi lafen. Mee ech mengen, déi Haaptkritik konzentréiert sech op deen ABC-Fund, dee mer effektiv opgesat hu mam FIDA. Den ABC-Fund ass e sougenannten „derisking fund“, dat heescht, dat ass e Fong, wou mer u sech iwwert d'Kooperatioun, dat heescht iwwert d'ëffentlech Hand, verschidde Projeten „derisken“. Dat heescht, mir iwwerhuelen en fait d'Risikotranchen, fir dass de Privatsektor kann an déi Fongen do investéieren, déi dann hirsäits natierlech méi an déi sougenannte „cash crops“ investéieren - dat heescht, dat sinn Entreprises, déi natierlech och probéieren, Profit ze maachen -, mee awer och a „food crops“, dat

heescht, wou et drëm geet, wierklech kleng Baueren an deene Länner ze encouragéiere fir hir eege Produktioun.

Ech mengen, dass et e bësse simplisteschesch ass ze soen, dass mer elo an eise Partnerlänner guer keng „cash crops“ brauchen, well dat sinn och Entreprises, déi Jonker employéieren, déi Jonken eng Chance ginn, eng Formatioun ginn, déi also Emploi kreéieren an deene Länner. Déi natierlech och exportéieren, mee dat ass per se jo, mengen ech, näischt Schlechtes, dass déi Entreprises och en Deel vun hirer Produktioun exportéieren. Si kreéieren Emploi, si kreéieren Croissance an deene Länner. An ech mengen, dass ee muss probéieren, och an der Agrikultur an eisen Entwécklungslänner e gudde Mix hinzekréien vun deenen zwee Typpe vun Entreprises.

Dat sinn déi Entreprises, déi an deem ABC-Fund do ënnerstëtzt ginn. All déi Entreprises, an ech géif dat och gär hei betounen, si certifiéiert op ESG-Krittären, dat heescht, déi sinn alleguerten op hir sozial Komportementen getest, awer och doropshin, dass se Bio sinn, dass se Fairtrade sinn, dass se am Fong wierklech konform sinn och zu de Mënscherechter, zu den Ëmweltnormen, zu der Biodiversitéit, dat ass scho garantéiert an deem Fong.

Dat heescht, dofir mengen ech, dass dat awer e wierklech interessant Instrument ass. Nach eng Kéier, opgesat mat engem FIDA, mengen ech, ass och dat jo awer eng gewësse Garantie an deem Beräich, wou wierklech ganz geziilt déi Entreprises ënnerstëtzt ginn, déi da wierklech eng ekonomesch Aktivitéit kreéieren an och Emploi schafen an deene Länner.

Dir hutt och d'ONGen ugeschwat. An ech profitéieren dann och dovunner, fir op eng Partie Froe vun aneren Deputéierten direkt anzegoen. D'Nathalie Oberweis huet driwwer geschwat, ech mengen, och d'Stéphanie Empain huet vun dem Stelleväert vun den ONGe geschwat. Et ass esou, dass d'ONGen natierlech e ganz wichtegen Deel si vun eiser Entwécklungszesummenaarbecht. D'ONGe gi consultéiert am Kader vun CID, vun Comité interministériel de développement, a wou dann all Kéier, wa mer iwwer Cohérence des politiques schwätzen, och de Cercle des ONG invitéiert a consultéiert gëtt.

Ech géif och gär betounen, dass de Cercle des ONG bei eis am Ministère, wann en dat freet, allkéiers eng Reunioun kritt. Wa se Sujeten hunn, déi se gär mat eis diskutéieren, kréie se eng Reunioun, an dann diskutéiere mer déi och mat hinnen. Dat ass ongeféier all zwee Méint, datt reegelméisseg Reuniounen si bei eis am Ministère. Ech géif och gär betounen, dass bei all Strategie, bei deenen dräi Strategien, déi ech beschwat hunn, déi ech beschriwwen hunn, allkéiers d'ONGe consultéiert gi sinn zu deene Strategien.

Et ass och esou, dass bei all PIC, dee mer maachen, déi lokal ONGen, déi aktiv sinn an eise Partnerlänner, consultéiert ginn, sief dat eng Caritas, sief dat eng SOS Faim, eng Croix-Rouge oder eng ADA (ndlr: Appui au Développement Autonome), eeben a Fonctioun dovun, wou se aktiv sinn.

Wat mer awer allerdéngs net maachen - an ech mengen, do muss jiddwereen awer och kucken, dass en a sengem Rôle ass -, dat ass, dass mer eis Politicken alleguerte mat den ONGen a mam Cercle des ONG ofschwätzen. Eng ONG ass eng Organisation non-gouvernementale an d'Politik huet d'Responsabilitéit fir hir Politicken. D'Regierung huet d'Responsabilitéit fir säi PIC, och fir déi Politicken, déi en ëmsetzt. Dat heescht, mir consultéieren, mir schwätze mat de Leit, mee am Endeffekt ass et awer nach un der Regierung, fir déi Responsabilitéit ze huelen, wa se e PIC mécht. E PIC ass jo e Programme indicatif de coopération, dat heescht, et ass en Accord zwëschen Lëtzebuerg an engem Partnerland, an do, mengen ech, muss awer trotzdeem d'Politik hir Responsabilitéit huelen, mat all Respekt a mat all Consultatioun vun den ONGen.

Den Devoir de vigilance, och dozou sinn eng Rei Interventiounen komm, an ech géif och gär dozou Positioun huelen. Den Devoir de vigilance ass effektiv eppes, wat elo um europäesche Plang diskutéiert gëtt. Ech weess, dass do elo eng Attente ass, dass bis Enn des Joers de Kommissär Reynders - an et ass net nëmme de Kommissär Reynders, et ass och de Kommissär Breton, deen elo op deem Dossier do drop ass -, dat heescht, dass d'Kommissioun elo do zu Potte kënnt mat engem Text. Ech waarden och ganz gespaant op deen Text. Ech géif awer och gär soen, dass mer am Kontext vun deem Comité interministériel an am Kontext vun zweete Plan d'action national de Rapport vun der Madamm Başlayan ganz detailléiert gekuckt hunn. Do waren eng ganz Rei Reuniounen, déi stattfont hunn, wou déi verschidde Ministère, déi conceréiert sinn, sech elo driwwer consultéiert hunn.

Et geet jo am Endeffekt drëm, wa mer wëlle wierklech weiderkommen an deem Dossier ... A gleeft mer wannechgelift, wann ech soen, dass ech do grad esou schockéiert si wéi alleguerten déi Deputéiert, déi hei intervenéiert sinn, iwwert d'Kanner-





aarbecht an der Ekonomie, iwwert d'Violatioun vun Ëmweltnormen, iwwert d'Violatioun vu sozialen Normen, iwwer all déi Saachen, déi mer alleguer, mengen ech, unanimement ganz schrecklech fan-nen an Entreprises, a multilateralen Entreprises, an et geet drëm, fir déi effikass ze bekämpfen. A wa mer bis doriwwer d'accord sinn, da mussen mer eis froen, wéi mer dat am beschte maachen. An da muss ee sech, mengen ech, froen, wann ee gären en nationalen Text mécht, wéi een effikass ass. Et geet fir mech hei net drëm, an ech hunn dat schonn e puermol gesot, Façadisme ze maachen. Mir mussen en Text hunn, deen effikass ass am Kontext vun eiser Ekonomie. Mir mussen eppes hunn, wat duerno gräift, wat och an eisen Entre-prisé gräift.

Déi Texter, déi et a Frankräich gëtt, dat sinn Texter, déi sech op ganz grouss Entreprises applizéiere vun, mengen ech, méi wéi 5.000 Mataarbechter. Dat si Multinationallen, wou et dann e Reporting gëtt, wou et verschidden Instrumenter gëtt. Mir mussen eis froen, hei an engem Land, wat bal nëmme PMEen huet, wéi effikass et ass, wa mer esou en Text national aféieren. An da mussen mer eis d'Fro stellen, wat fir e Champs d'application mer gären hätten, wat fir eng Entreprisé mer gäre viséieren - wéi grouss, wat fir eng Aktivitéiten? -, wat fir eng Mënscherechter mer do gäre géifen touchéieren. Verschidde Länner begrenze sech op d'Kanneraar-becht; verschidde Länner huelen och nach d'Traite des êtres humains mat eran; anerer gi méi wäit. Dat sinn alles Perimeteren, iwwert déi ee muss disku-téieren a wou ee sech muss eens driwwer ginn.

Et ass och esou, an dat ass de Problem, deen ech gesinn an där europäescher Diskussioun: Wann all eenzelt Land säin Text mécht, an dat ass och gesot gi vun deem engen oder aneren Deputéierten, da kréie mer op eemol Inkohärenzen an da kréie mer och op eemol Fracturen an eisem Marché intérieur. Ech mengen, dat ass och eppes, wat eis wichteg ass. Mir sinn awer an engem Marché, virun allem als klengt Land, wou mer mussen eng gewësse Kohärenz behalen an deenen Texter. An dofir wär ech wierklech am Fong éischter adepte - an dat ass net, fir iergendeppes ze blockéieren, mee dat ass wierklech am Sënn vun der Effikassitéit -, dass mer en ambitiësen europäeschen Text hunn, dee wäit geet, mee deen déi richteg Entreprises trëfft an net d'PMEen, déi oft awer net wëssen oder déi net vill Choixen hunn, fir sech anescht ze approvisionéie-ren, wéi se dat maachen.

Ech sinn och ganz d'accord, dass, wann ee bis weess, dass et Violatioune gëtt vu Mënscherechter an enger Chaîne de valeurs, een dann net dierf a soll mat deene Fournisseure weiderschaffen. Mee oft ass de Problem, dass d'PMEen net schrecklech vill Choix hunn oder et eeben net ëmmer wëssen oder net d'Instrumenter hunn, fir déi Saachen ze verifiéieren. Dat heescht, Dir gesitt, dat ass eng komplex Diskussioun an ech mengen, et soll ee se och mat där ganzer Komplexitéit a mat deem Sënn vun der Nuance féieren, ouni elo, nach eng Kéier, ze soen, dass een iergendeppes wëllt bremsen. Nach eng Kéier: An där Saach sinn ech komplett bei jidd-werengem derbäi, mee mir musse wierklech sécher sinn, dass mer eis do déi richteg Instrumenter ginn!

De Paul Galles huet och nach d'Fro gestallt, wou mer elo dru si mat verschiddenen Dossieren, ob elo Dossieren do gestoppt gi wieren oder suspendéiert gi wieren. Et ass effektiv esou, dass eng Rei Dos-sieren natierlech net weiderkomm sinn. Dat ass och de Grond, firwat am Joer 2020 déi Aspue-run-gen, déi mer hu misse maachen, ganz vill op d'Kap gaange si vu LuxDev, well et einfach esou war, dass et um Terrain, och weinst der sekuritärer Lag an enger Rei vun eise Partnerlänner, net méiglech war, gutt virunzekomme mat Dossieren, an déi dofir gebremst gi sinn oder suspendéiert gi sinn.

Mee et ass awer elo esou, dass mer natierlech probéieren, dat Ganzt erëm unzekuerbelen, erëm an de Gang ze kommen. Mee nawell ass et effektiv esou, dass, wéi ech dat gesot hunn, a verschiddene Part-nerlänner d'Lag elo net besser ass, dat heescht, dass och do nach Dossiere sinn, wou mer nach ëm-mer net ganz gutt virukommen.

De Gusty Graas huet och déi Fro vun der Kritik vum Cercle des ONG um ABC-Fund soulevéiert - ech mengen, dorobber hunn ech elo geäntwert.

D'Fro gouf och gestallt, wéi mer elo weiderfuere am Myanmar an am Nicaragua. Ech mengen, ech hat dat och gesot a menger Interventioun. Et ass effektiv esou, dass mer do eis bilateral Projeten opgehalen hunn. Mir fuere awer nach weider an humanitäre Projeten, souwuel am multilaterale Beräich wéi och mat den ONGen. Dat si Saachen, déi mer do nach weidermaachen, mee mir begrenzen eis awer och dorop.

Dann ass d'Fro gestallt ginn iwwert de Ruanda, fir lech vläicht nach méi Prezisiounen ze ginn, wat mer méi spezifesch viséieren am Ruanda. Ech hunn et gesot, mir hunn engersäits dee Kigali International Financial Center. De Ruanda huet effektiv d'Ambi-tioun, en internationale Finanzzenter opzebauen, well se gesinn, dass dat e Besoin ass an der

Regioun. Et gëtt keen internationale Finanzzentrum an Afrika, ausser am Maroc, mee an där Regioun gëtt et keen. Se wëllen do en Hub bauen, fir engersäits alles, wat Finance durable ass, dat heescht, Mikrofinance, Finance inclusive, fir och hir kleng Entreprises an hir Bauere kënnen ze finanzéieren. An dat Anert, dat sinn Impact Funds, dat heescht, dass se wëllen eng Plaz gi fir Fonds d'impact, déi kënnen da bei hinnen investéieren an Infrastruktu-ren, awer och an d'Ekonomie. An ech mengen, déi zwou Saache sinn eng gutt Saach. An dat Drëtt ass de FinTech-Beräich, dee se och wëllen ausbauen.

Dat heescht, dat sinn déi dräi Secteuren, wou se wëllen hir Finanzplaz drop spezialiséieren. An dat ass eppes, wou mir zu Lëtzebuerg Knowhow hunn. Natierlech, och am Beräich Green Finance wëlle se weiderkommen, dat ass jo eppes, wat mir hei och ausbauen, an dat ass eppes, wou mer elo schonn eng Kollaboratioun hunn a wou mer hinnen hëllefen, dat alles opzebauen.

Doriwwer eraus ass de Ruanda awer och e Land, wou mer elo schonn zesumme mam Ministère de l'Environnement e Projet hunn am Beräich vun den Decheten: Déchets solides, Déchets électroniques, do leeft e Projet mat hirem Ministère de l'Environnement. A si maache ganz vill am Beräich vun der Économie verte. Och dat ass e Beräich, wou ee sech kéint virstellen, méi zesummenzeschaffen. Si hunn effektiv och eng Space Agency, wou mer vläicht kënnen zesumme schaffen. Dir wësst, dass mer, zesumme mat der UNOOSA, haaptsächlech am Beräich vum Droit de l'espace mat enger Rei Part-nerlänner schaffen. An och do ass, mengen ech, eng Kollaboratioun mat hinne méiglech. An et gëtt nach eng Partie aner Beräicher, déi ee mat hinne kann zesummen do kucken.

Den Deputéierte Gusty Graas huet och d'Fro uge-schwat vun den Eegemëttelen. An dat soulevéiert déi méi generell Fro vun der Traçabilitéit vun deene Suen, déi mer an d'Kooperatioun ginn. Ech mengen, dat ass eng Fro, déi och vum ADR soulevéiert gouf an och vun enger Rei aneren: Wéi stelle mer sécher, dass mer eng optimal Traçabilitéit hu vun deene Steiergelder, déi effektiv an d'Kooperatioun ginn?

Engersäits, an do hu mer effektiv ganz strikt Reege-len, maache mer natierlech reegelméisseg Mid-term-Reviews vun all eise PICen, dat heescht, mir kucke wierklech ganz streng, wou déi Suen higinn. Mir verlaangen do eng optimal Traçabilitéit vun eise Partnerlänner, an déi kréie mer och. Mir maachen och ganz weíneg Aide budgétaire directe, dat heescht, et ass ganz exceptionnel - ech mengen, mir maachen dat just mam Cap Vert -, datt mer direkt Hëllef ginn un de Budget vun de Länner. Déi meescht Suen, déi mer ginn, si fir Projeten dediéiert. Déi sinn och do gearmarkt an deem Sënn a mir kënnen dat genee tracéieren am Kader vun eise Commissions de partenariat. Dat ass dat Eent.

Déi Suen, déi mer a Multie ginn, déi mer eisen Agencé ginn, Partner vun der UNO, dem CICR, awer och enger Rei anere Partneren a Multie wéi och den ONGen, dat si Suen, déi engersäits och gearmarkt si fir verschidde Projeten, wou mer gären hätten, dass se higinn. Anerersäits sinn et och flexibel Suen, dat heescht, mir ginn haaptsächlech am Hu-manitäre Suen, déi fräi à disposition si vun deenen Agencen, déi se och kënne flexibel benotzen. An dat ass wierklech eppes, wat ganz vill appréciéiert gëtt, well et oft esou ass, dass d'Agencé ganz enk Contrainten hunn a ganz weíneg Suen hunn, mat deene se kënne schnell reagéieren. An dat ass be-sonnesch am humanitäre Beräich eppes, wat awer extrem, extrem wichteg ass.

Doriwwer eraus gi mer och reegelméisseg eval-uéiert, Här Keup. Et ass net esou, dass mer eis just géigesäiteg evaluéieren zwëschent dem Ministère a LuxDev. Mir gi reegelméisseg evaluéiert vun exter-nen Auditeuren. Mir sinn och viru Kuerzem eval-uéiert gi vun der OCDE, vum CAD, deen eis gene-rell Politik an eis Orientatiounen analyséiert huet an eis am Fong eng gutt Zensur ginn huet an eis gesot huet, dass eis Prioritéiten an och eis Politicken alle-guerte Sënn maachen.

De Gusty Graas huet och e wichteg Punkt opgeworf, op deem mer och schaffen, an dat ass de Punkt vun der Sensibilisation a vun der Kom-munikatioun. An dat huet och mat der Akzeptanz ze dinn vun der Kooperatiounspolitik vun de Leit heizu-land. Ech mengen, dat ass en extrem wichteg Punkt. Wa mer iwwer eis héich Ambitioune schwätzen, iwwert deen 1 %, dee mer ginn an d'APD, dann ass een et effektiv de Leit dobausse schëlleg, dass een hinnen explizéiert, wat mat deene Suen do ge-schitt. An dat huet mat Kommunikatioun ze dinn, dat huet mat Sensibilisation ze dinn.

De Gusty Graas huet vun der Campagne „Rethink your clothes“ geschwat, mir hunn och dee Frigo solidaire hei zu Lëtzebuerg gemaach, wou d'Leit am Fong iwwer lokal Aktiounen, wéi d'Kleeder, wéi de Gaspillage alimentaire, sensibiliséiert ginn op d'SDGen an och sensibiliséiert ginn op déi Pro-blemer, déi et an den Entwécklungslänner gëtt. Dat si ganz wichteg Campagnen, déi mer och finan-

zéiert hunn iwwert d'Kooperatioun. Doriwwer eraus maache mer och Efforten an der Kommunikatioun vun deene Projeten, déi mer an eise Partnerlänner hunn.

Dir hutt vläicht gemierkt, dass mer an deene lesch-ten Deplacementer allkéiers d'Press derbäi haten. Am Ruanda war eng Ekip vum RTL derbäi, am Senegal waren och Journalisten derbäi. Dat heescht, et ass eis dru geleeën, dass Journaliste matginn an och berichten iwwert dat, wat gemaach gëtt an eise Partnerlänner an doduerch eeben dem Lëtzebuurger Public vermëttelen, wat fir eng Pro-jete mer do maachen a wat wierklech den Impakt ass vun deene Projete sur place. Well ech mengen, et ass am Endeffekt dat Allerwichtigst, dass een e Gefill kritt fir d'Qualitéit vun eiser Aarbecht, wéi se ukënnt bei eise Partner a wat fir eng Differenz se wierklech mécht bei de Leit.

Dir hutt och eng wichteg Fro ugeschnidden, an den Deputéierte Keup huet dat och a senger Inter-ventioun ugeschwat, an ech mengen, dat ass eng wierklech wichteg Fro. Dir hutt, Här Graas, gesot: „D'Entwécklungshëllef huet net nëmme Frënn.“ An den Här Keup huet dat e bëssen anescht geäussert. Mee et ass am Endeffekt wierklech eng vläicht scho bal philosophesch Fro iwwert d'Ent-wécklungszesummenaarbecht. An dir hutt Recht, an ech ginn lech jo net ëmmer Recht!, mee Dir hutt do eng Rei fundamental Froen opgeworf, déi och an Afrika vill diskutéiert ginn. An ech hat déi Diskus-siounen och, ech hat do en interessant Gespräich mam President Macky Sall. Dat huet och ze di mat där Diskussioun, déi de President Macron viru Kuer-zem a Frankräich lancéiert huet, wéi e säi Sommet do gemaach huet mat enger Rei Intervenanten haaptsächlech aus der Société civile. Et gëtt eng Diskussioun iwwert den Typ vun Entwécklungze-summenaarbecht, dee fërderlech ass a mat deem ee wierklech weiderkënn. Dat ass effektiv eng Dis-kussioun, déi oft nach verschidde Relenten huet vu Kolonialismus bei verschiddene Länner. Dat ass och eng kulturell Diskussioun. Dat ass eppes, wat natierlech eng Zäit brauch, bis een dorauseraus-kënn. Déi Länner hunn all hir Independance kritt ufangs de 60er-Joren, an et ass Step-by-Step, wou dat virugeet.

Wat wichteg ass - an ech hunn dat och an engem Debat gesot am Senegal, wou ech doriwwer gefrot gi si vun engem Student op der Uni -: Fir Lëtzebuerg ass et wichteg, dass mer dat Ganzt natierlech net als Almoste gesinn! Dat ass et net. Mee et ass wierklech eng Aart a Weis, fir déi Länner ze em-poweren. Et ass eng Aart a Weis, fir eng Differenz ze maachen.

Dofir siche mer eis déi Projeten an déi Domänen, wou mer aktiv sinn, esou gutt eraus. Mir probéieren, mat eisen Interventiounen a mat eisen Zesummen-aarbechten, déi wierklech an d'Déift ginn, mat all deene Länner reell eng Differenz ze maachen, an der Educatioun, an der Santé, an de Besoins pre-miers vun all deene Leit a vun all deene Commu-nautéiten an deene Länner. An ech mengen, dat gëtt och unerkannt. Mir hunn als klengen, awer in-telligenten Acteur an all deene Länner wierklech e reellen Impakt. An dat ass, mengen ech, de Sënn vun eiser Entwécklungszesummenaarbecht, souwéi och, mengen ech, ëmmer méi vun där vun den Euro-päer. Et ass erkannt, dass Afrika, haaptsächlech Afrika, eisen Noper ass, dass mer eng ganz staark Parentéit hunn an dass mer mussen déi Regioun, dee Kontinent ganz staark entwéckelen. An dat maache mer, mengen ech, op eng ganz spezifesch Aart a Weis. Dat maache mer och ëmmer méi am Kontext vum Team Europe, wou mer eis koordinéie-ren, wou mer eis zesummendinn, fir alleguerten an déi selwecht Richtung ze goen.

Dir hutt och d'Bevölkerungsexplosioun ugeschwat. Och do maache mer ganz konkret Saachen am Beräich vum Planning Familial, am Beräich vun der Educatioun haaptsächlech vu jonke Meedercher. Dat ass och an engem Land wéi dem Niger erkannt ginn, wou de President Bazoum zum Deel gewielt ginn ass op enger Plattform, wou e sot: „Mir probéieren zum Beispill, d'Meedercher méi laang an In-ternater ze halen, dass se bis 14, 15, 16 Joer dobleiwen an net direkt Kanner kréien an engem ganz jonken Alter.“

Dat hänkt alles zesummen, och dat ass erkannt. An ech mengen, dat ass eng vun deenen Achse vun ei-ser Aktioun notamment am Gender, wou mer wierk-lech probéieren, d'Fraen an d'Educatioun ze kréien, an de Beruff ze kréien an ze evitéieren, dass se fréi Kanner kréien.

Dir hutt och, Här Keup, geschwat ..., Dir sidd jo visi-blement net der Meenung, dass mer sollen 1 % vun eisem RNB an d'Aide publique au développement ginn, Dir sidd par contre der Meenung, dass mer méi missten an der humanitärer Hëllef maachen. Do géif ech lech awer gäre soen, an ech hunn dat och ugeschwat a menger Ried: Et gëtt déi ëmmer méi grouss Komplexitéit vun deem Nexus. Wann Der haut vun enger reng humanitärer Hëllef schwätzt, da reagéiert Der ëmmer nëmmen op Kri-sen. Wat mer par contre mussen fäerdegrëngen, dat ass, dass mer déi Communautéite méi resilient

maachen, dass mer se opbauen. An do kënn dann natierlech d'Aide au développement eran. Dat heescht, ech mengen, déi zwou Saache kann een net total deliéiert vunenee gesinn. Et muss een dat zesumme maachen. An d'Entwécklungszesummen-aarbecht ass justement do, fir Länner an engem Krisekontext méi resilient ze maachen an ze kucken, dass se da vläicht dee Moment e bësse mander humanitär Hëllef brauchen, wéi dat soss de Fall wär.

■ **Une voix.** - Très bien!

(Interruption)

■ **M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Jo, Dir stellt mer vill Froen, da sinn ech natierlech nach e bëssen amgaang.

Voilà, ech mengen, Stéphanie Empain, op den Devoir de vigilance, do sinn ech elo drop agaang. Dir hutt eng Fro gestallt iwwert den Nohaltgekeetscheck, ob dee scho fonctionéiert. Deen ass fir de Moment an enger Testphas. Deen ass nach net komplett fonc-tionnel, mee ech mengen, dat ass amgaang unze-lafen. Dat dozou.

Déi Plan-d'actionen, och déi sinn amgaang, ëmge-sat ze ginn. Menges Wëssens sinn d'ONGen do och mat consultéiert ginn. Mee do schaffe mer nach drun, déi sinn och amgaang, elo finaliséiert ze ginn.

Dir hutt och eng Fro gestallt iwwert de Budget. Et ass effektiv esou, dass mer 2021, well den RNB dunn erëm eropgaang ass, am Fong méi Suen ha-ten an der APD, déi mer affektéiert hunn op ver-schidde multilateral Organisatiounen am Beräich vum Humanitären. Mir hunn eng Partie Budgeten do eropgesat, wou Besoine waren an der Haapt-saach, do si mer also liicht eropgaangen. Bei den ONGen, dat hat ech och gesot a menger Ried, do si mer zu kengem Moment erofgaang, och 2020 net. Mee déi Marge, déi zousätzlech Marge, déi mer 2021 haten duerch déi positiv Evolutioun, hu mer haaptsächlech op eis multilateral Accorden affek-téiert.

Deen Team-Europe-Impfstoff, Senegal a Ruanda, dat ass BioNTech, deen do soll produzéiert ginn am Ruanda an am Senegal.

Ech mengen, op de Fred Keup sinn ech agaang.

Voilà, ech mengen, d'Nathalie Oberweis huet eng Fro gestallt, eng e bësse skeptesch Fro par rapport zum Ruanda, wat mer dann do géife maachen. Ech mengen, de Kigali International Financial Center, dorops sinn ech agaang an och op déi aner Pisten, déi mer do exploréiert. Dat alles muss elo nach sondéiert ginn, ob et do wierklech Opportunitéite gëtt. Dat si mer amgaang ze kucken.

Jo, wat de Privatsecteur ugeet, ech mengen, ech hunn lech do d'Chiffere genannt, déi schwätzen eng relativ kloer Sprooch. Et ginn 2.500 Milliarden Dol-lar pro Joer gebraucht, fir d'SGDen ëmzesetzen. Dat sinn der net 2,5 oder 25 oder 250, dat sinn 2.500 Milliarden! An ech si ganz d'accord, dass natierlech d'Aide publique au développement e ganz wichtige Rôle spillt, mee et ass awer och e ganz grouss Konsens an der internationaler Communautéit, dass mer dee Levier vun der privater Finanz och brauchen, fir do weiderzекommen. Ech mengen, mir sinn eis jo awer och eens - à moins Dir hätt do eng aner Meenung -, dass een de Privatsecteur an och de Finanzsecteur do net komplett aus der Verant-wortung dierf looszen. Dofir maache mer eeben esou Instrumenter. Dofir setze mer Instrumenter op wéi déi Fongen an aner Fongen, fir justement ze kucken, dass mer déi Finanzkraaft aus dem Privat-secteur och do kënne mobiliséieren, fir eis SDGen ze errechen.

Bei der Éducation au développement, do gi mer vun 2,7 Milliounen Euro elo op 4 Milliounen Euro erop. Dat ass e Sujet, deen extrem wichteg ass, ech mengen, do si mer eis och eens.

Bei den ONGen, do gëtt et effektiv ee Sujet, deen och haaptsächlech an der Covidzäit e Sujet war, dat ass, dass se ëmmer méi Problemer hunn, fir Donen ze kréien. An dofir ass dee Kofinanzement net ëmmer einfach. Mir finanzéiere jo zwee Tauxen, ee vu 60 % an ee vun 80 %, fir Kofinanzementsproje-ten. Zum Beispill ass den Taux vu 75 % op 80 % eropgaangen, wann d'ONGen an engem Partnerland oder a PMAen aktiv sinn oder am Domän vun den Droits de la personne schaffen. Ech mengen, och do hu mer awer en Taux de cofinancement, deen in-teressant ass.

Da vläicht nach e Wuert zu den Défenseurs des droits de l'homme. Och do ënnerstëtze mer d'ONGen op eng ganz aktiv Aart a Weis, fir dass se hir Partner sur place kënnen ënnerstëtzen. Mir ën-nerstëtzen do och direkt lokal ONGe wéi zum Bei-spill ENDA Santé. Mir hunn och am Ministère an der Direktioun vun der Kooperatioun e Focalpoint, dee sech dorëmmer këmmert, ënnert dem Titel „gou-vernance“, mee dee bekëmmert sech och ëm d'Droits de l'homme. Dat heescht, vun deem Point de vue hier ass déi éischt Motioun superfetatoire, géif ech mengen, mee ech looszen natierlech d'Chamber sech doriwwer prononcéieren.





Wat d'„shelter cities“ ugeet, déi zweet Motioun, dat ass eng Fro, déi an d'Direction politique vum Ausseministère gehéiert. Ech mengen, dat ass keng, déi a meng Direktioun gehéiert. Dofir loossen ech dann d'Chamber decidéieren, wat se mat där Motioun do wëllt maachen.

Voilà. Ech mengen, ech wär elo op plus ou moins all d'Froen a Remarken hei esou gutt wéi méiglech agaang. Ech soen lech dann nach eng Kéier Merci fir Är Attentioun a fir Är Gedold.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools dem Kooperationsminister Franz Fayot. D'Diskusioun ass elo ofgeschloss.

#### Motion 1

Mir kéimen dann elo zum Vott vun deenen zwou Motiounen. Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1. Wie wëllt zu där Motioun nach eppes soen? D'Madamm Lydia Mutsch.

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP).**- Jo, merci, Här President. Mir hunn elo eng Informatioun vum Minister kritt, dass et effektiv e Focalpoint gëtt, dee sech souwuel ëm d'Froe vun de Mënscherechter wéi och ëm d'Rechtsstaatlechkeet an d'Gouvernance këmmert, soudass déi Motioun am Fong hifälleg ass an eisen Aen. An dofir géife mir proposéieren, se net unzehuelen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools. Wëllt nach een d'Wuert ergräifen? D'Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Jo, villmools Merci fir dem Minister seng Informatiounen an och fir déi vun der Majoritéit. Also, ech mengen zwar, dass eng referent Persoun ëmmer nach néideg ass, well een eebe grad gesäit, dass dat Theema vun den Defenseure wierklech weltwäit an d'Luucht geet. Et sinn ëmmer méi Leit cibléiert. Defenseuren, déi cibléiert ginn, déi ëmbruecht ginn, déi agepaart ginn, déi intimidéiert ginn a kriminaliséiert ginn. Et ass e spezifesch Problem, deen, jo, liéiert ass mat der Gouvernance an dem Rechtsstaat, dat stëmmt, mee et ass e ganz spezifesch Problem, deen eeben an wierklech Persounen cibléiert an net just eng Rechtsstaatlechkeet. Dofir géif ech nawell ... Bon, ech verteidige meng Motioun elo, well ech wierklech dru gleewen, dass een dat brauch, well et wierklech ëm Mënsche geet an ëm Mënscheliewen, och vun eise Partner-ONGen. Dofir mengen ech, dass et nawell néideg ass, well eng Persoun fir all déi do Problematiken - Gouvernance, Rechtsstaatlechkeet an Defenseuren -, geet menger Meenung no net duer. Ech mengen, déi Persoun huet extreem ...

#### (Problème de sonorisation)

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Madamm Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Jo, merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Dann huet nach de Paul Galles d'Wuert gefrot.

■ **M. Paul Galles (CSV).**- Jo, merci, Här President. Also, ech versti souwuel de Message elo, dee vun der Majoritéit kënnt, dass et eebe schonn eng Persoun gëtt. Ech verstinn awer och, wat d'Nathalie Oberweis mengt, nämlech dass et wierklech en Theema ass, wat elo esou relevant ass a wat

héchstwarscheinlech ëmmer méi relevant gëtt, dass een dorop zumindest sollt den Accent leeën. An ech mengen, mir kënnen op alle Fall dës Motioun matdroen, a vläicht féiert se jo dann zu där Stäerkung vun där Persoun, déi schonn do ass. Mee op alle Fall wëlle mir dës Motioun ënnerstëtzen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Galles. Da freet den Här Fred Keup d'Wuert.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Merci, Här President. Déi Motioun ass effektiv emol einfach eng gutt Saach op den éischte Bléck. Ech mengen awer och, dass et am Fong eppes ass, wat an d'Direktioun vum Ausseministère gehéiert a wat do och traitéiert gëtt a wat do soll gemaach ginn, soudass mer eis hei enthalte wäerten.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Keup.

Et ass keng weider Wuertmeldung méi do, soudatt mer kënnen zum Vott vun dëser Motioun kommen.

#### Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 25 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Jean-Marie Halsdorf), M, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain) Mmes Djuna Bernard (par Mme Chantal Gary), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché (par M. Marc Hansen) et M. Charles Margue (par Mme Semiray Ahmedova).*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

#### Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? D'Madamm Lydia Mutsch.

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP).**- Jo, ech mengen, Här President, och hei beweege mer eis an engem Domän, deen elo net reng mat Kooperatioun ze dinn huet. Mir sinn hei am Beräich vun der Prozedur fir d'DPlen, wou iwwregens och de Krittär vun der Verdeidigung vu Mënschen, déi a Gefor sinn an deem Land, wou se hierkommen, mat consideréiert gëtt. An do gehéieren natierlech och déi derzou, déi sech an hire Länner asetze fir d'Verdeidigung vu Mënscherechter an déi och aner Positiounen huelen, déi se a Gefor bréngen, soudass ech mengen, dass mir eis hei net kënnen a solle prononcéieren iwwert d'Prozedur vun der Prise en charge vun den DPlen, wou dat heite souwisou scho mat consideréiert gëtt, wat eis dann derzou féiert, ze proposéieren, déi heite Motioun net unzehuelen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Madamm Mutsch. Dann huet den Här Paul Galles d'Wuert gefrot.

■ **M. Paul Galles (CSV).**- Jo, merci, Här President. Ech hätt elo proposéiert, an ech weess net, ob ech d'Madamm Mutsch nach kann iwwerzeegen, fir se eeben an déi aussepolitesch Kommissioun ze verweisen, well ech fannen nämlech, dass et en enorm interessante Projet ass. Et ass eng interessant Iddi. Et sinn natierlech ganz vill Froen, déi sech nach ronderëm stellen. An Holland gëtt dat elo zum Beispill während dräi Méint gemaach. D'Fro, déi sech stellt, ass déi vun der Dauer. Et gëtt sech awer och déi Fro gestallt: Do sinn och Stied, déi net hollännesch sinn, déi un deem Programm matmaachen, dat heescht, et wär eng aner Fro, ob ee sech kéint ralliëieren un dee Programm.

Ech fannen, do stelle sech nach ganz vill interessant Froen, soudass et fir eis interessant gewiescht wär, sech dofir Zäit ze huelen, et eng Kéier ze diskutéieren, an dann an deem Moment tatsächlech an der aussepolitescher Kommissioun, well dat jo dann déi zoustänneg wär. Dat wär op alle Fall eis Propositioun.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Galles. An da geet d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Merci, Här President. Merci och lech fir Är Reaktiounen. Also, ech hat et gesot, et ass eppes, et ass eng Initiativ, déi net d'Demandeurs de protection internationale betrëfft. Et ass eebe grad eng temporaire Mesure, et ass eng temporaire Initiativ, wou et drëms geet, deene Leit eng temporaire Protektioun ze ginn. Et ass um Niveau vun den Zivillgesellschaften, an et ass um Niveau vun de Gemengen, dat heescht, et ass wierklech eng ganz aner parallell Schinn, déi mer hei fueren. An ech géif et schued fannen, déi einfach esou ofzeschmetterten. Dann, wéi de Paul et grad gesot huet, kéint ee se vläicht nach eng Kéier an der Kommissioun diskutéieren. Et wär wierklech schued an et wär, mengen ech, och kee schéint Zeeche vun der Majoritéit, se einfach ofzeschmetterten.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Madamm Oberweis. An da geet d'Wuert un den Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Jo, merci, Här President. D'Fro stellt sech e bëssen, wéi e Statut dass dat

soll sinn hei an dësem Fall. Ech mengen, et ass kloer, dass mer Leit, déi verfollegt sinn, well se sech fir Mënscherechter asetzen oder well se sech politesch asetzen a verschiddenen aarme Länner, Asyl ginn.

An déi aner Saach, dat ass e bëssen dee Programm d'accueil temporaire, wéi gesot, wat de Statut dovunner ass. An dann ass jo och déi Fro: Den Asyl ass jo souwisou ëmmer temporaire, den Asyl ass jo keng definitiv Migratioun. Den Asyl ass ëmmer nëmmen esou laang gültig, wéi déi Persoun an hirem Heemechtsland verfollegt gëtt. Wann dat net méi de Fall ass, da geet se jo zrëck.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Keup.

Et ass keng weider Wuertmeldung méi do. Da kënne mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

#### Vote sur la motion 2

De Vott fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 23 Jo-Stëmme géint 35 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 24 voix pour et 35 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Paul Schaaf), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Octavie Modert), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard (par Mme Chantal Gary), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché (par M. Marc Hansen) et M. Charles Margue (par Mme Semiray Ahmedova) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

Domat si mer um Schluss vun eiser Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen. D'Sitzung ass opgehewen.

**(La séance publique est levée à 19.08 heures.)**

## Le saviez-vous ?

### COMPTE RENDU

Le compte rendu est une publication de la Chambre des Députés qui reproduit dans leur intégralité toutes les interventions faites lors des séances plénières de la Chambre des Députés. Il contient par ailleurs un résumé des textes législatifs adoptés, les questions posées aux membres du Gouvernement et les réponses reçues ainsi qu'un aperçu général des activités de la Chambre des Députés. Le compte rendu est distribué gratuitement en tant que supplément des trois principaux quotidiens. Il peut être consulté en ligne sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Séances publiques - Comptes rendus des séances.

### GROUPE POLITIQUE

Un groupe politique est une formation interne de la Chambre des Députés réunissant des membres de celle-ci d'après leurs affinités politiques. Pour être reconnu, un groupe politique doit comprendre au moins cinq membres. Chaque groupe politique désigne un président qui le représentera au sein de la Conférence des Présidents et se voit mettre à sa disposition des locaux et des crédits calculés sur base de sa représentation proportionnelle à la Chambre.

### BUREAU DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Le Bureau, élu par la Chambre, se compose du Président, de trois Vice-Présidents et de neuf membres au plus. La Chambre élit également des membres suppléants permanents, dont le nombre maximal est fixé à neuf. Le Secrétaire général fait partie du Bureau sans toutefois pouvoir participer aux votes. Le Bureau représente la Chambre sur le plan national et international et règle les questions financières et d'organisation concernant les députés, le Parlement et ses organes. Par ailleurs, il s'occupe de la gestion des affaires de la Chambre et prend les décisions relatives au personnel de l'administration parlementaire.

### COMMISSIONS PARLEMENTAIRES

Pour faciliter, rationaliser et préparer les travaux parlementaires en séance publique, la Chambre forme des commissions permanentes et, en cas de besoin, spéciales. Les commissions sont chargées d'examiner les projets et propositions de loi ainsi que les amendements et motions que le Président leur renvoie. Elles ont également pour mission de préparer des débats ainsi que d'organiser des auditions et des visites.



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Débat d'orientation au sujet du discours de haine

- Exposé : Mme Stéphanie Empain (dépôt de la résolution 1)
- Débat : M. Paul Galles - Mme Carole Hartmann (dépôt de la motion 1) - M. Dan Biancalana - Mme Stéphanie Empain (interventions de M. Sven Clement, M. Georges Engel et M. Dan Biancalana) - M. Fernand Kartheiser - Mme Nathalie Oberweis - M. Sven Clement (interventions de Mme Stéphanie Empain et M. Fernand Kartheiser) (dépôt de la motion 2) - Mme Stéphanie Empain (parole pour fait personnel) - M. Sven Clement (intervention de Mme Simone Asselborn-Bintz)
- Prises de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice (interventions de M. Sven Clement et Mme Josée Lorsché) - M. Sven Clement (parole après ministre) - Mme la Ministre Sam Tanson - Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration - M. Paul Galles (parole après ministre) - Mme la Ministre Corinne Cahen - M. Paul Galles (parole après ministre) - Mme la Ministre Corinne Cahen - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
- Résolution 1 : M. Gilles Roth - Mme Josée Lorsché - M. Sven Clement - Mme Nathalie Oberweis - M. Fernand Kartheiser
- Vote sur le renvoi de la résolution 1 au Bureau de la Chambre des Députés (adopté)
- Vote sur la motion 1 (adoptée)
- Motion 2 : M. Gilles Roth - M. Charles Margue - M. Sven Clement
- Vote sur le renvoi de la motion 2 en commission (adopté)

### 3. Dépôt d'une motion par M. Sven Clement

- Exposé : M. Sven Clement

### 4. Question élargie n° 119 de M. Laurent Mosar au sujet de la stratégie nationale en matière de cybersécurité

- M. Laurent Mosar - M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias - M. Laurent Mosar - M. le Ministre Xavier Bettel

### 5. Motion de M. Sven Clement relative à la mise à jour de l'application CovidCheck de façon à ce qu'elle détecte les faux certificats de vaccination anti-Covid

- Discussion générale : Mme Martine Hansen
- Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État - M. Sven Clement (parole après ministre) - M. le Premier Ministre Xavier Bettel - M. Mars Di Bartolomeo (parole après ministre) - M. Sven Clement (parole après ministre)
- Vote sur le renvoi de la motion en commission (adopté) (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)

### 6. Question élargie n° 121 de M. Marc Lies au sujet des aides étatiques dans le domaine du logement

- M. Marc Lies

### 7. Dépôt d'une motion par M. Marc Lies

- Exposé : M. Marc Lies

### 8. Question élargie n° 121 de M. Marc Lies au sujet des aides étatiques dans le domaine du logement (suite)

- M. Henri Kox, Ministre du Logement

### 9. 7806 - Projet de loi portant portant suppression du Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall et :

**1° modifiant la loi du 24 avril 2017 portant réorganisation de l'établissement public nommé « Fonds du Logement » ;**

**2° abrogeant la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé « Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall »**

- Rapport de la Commission du Logement : Mme Semiray Ahmedova

- Discussion générale : M. Marc Lies - M. Gilles Baum - M. Mars Di Bartolomeo - Mme Nathalie Oberweis - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre du Logement

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 10. 7889 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du développement de logements du projet « Wältgebond » à Mamer

- Rapport de la Commission du Logement : Mme Semiray Ahmedova

- Discussion générale : M. Marc Lies - M. Max Hahn - M. Mars Di Bartolomeo - Mme Djuna Bernard (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - M. Marc Goergen - Mme Nathalie Oberweis - M. Gilles Roth

- Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre du Logement

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 11. Motion de M. Marc Lies relative à la suppression de l'article 24 de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

- Discussion générale : Mme Semiray Ahmedova - Mme Nathalie Oberweis - M. Marc Lies

- Vote sur la motion (rejetée)

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, Mme Sam Tanson et M. Henri Kox, Ministres.**

***(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)***

#### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Nee, dat ass net de Fall, Här President.

#### 2. Débat d'orientation au sujet du discours de haine

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Mir hunn haut eng Orientéierungsdebutt iwwert den Hatespeech. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, d'Madamm Carole Hartmann, den Här Dan Biancalana, d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Sven Clement. Als Éischt hiéiere mer d'Madamm Stéphanie Empain, déi eis eng Aféierung an dës Orientéierungsdebutt mécht. Madamm Stéphanie Empain, Dir hutt d'Wuert.

#### Exposé

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen haut also iwwert den Hatespeech, d'Haassried also. E Phenomeen, dee leider weltwäit ze beobachten ass an deem eis Suege mécht, well et d'Gepflogeneheete vum respektvolle gesellschaftleche Matenee komplett iwwer Bord geheet.

Ausléiser fir d'Ufro vun dëser Debatt war e Fall, dee sech am Mäerz dëst Joer zougedroen huet, wou d'Presidentin vun der ASTI iwwelst an de soziale Medien ugegraff ginn ass. Pour rappel: Et ass ëm hir Carte blanche gaangen, wou si op Jonker agaangen ass, déi hir Originne ausserhalb vun der EU hunn, déi iwwerduerschnëttlech oft aus aarme Familjeverhältnisser kommen an oft kee Schoulofschloss oder keng Formatiouun hunn. Dës Feststellung war an enger Etüd vum CEFIS iwwert d'kapverdianesch Communautéit zu Lëtzebuerg bestätegt ginn.

An hirer Carte blanche war si op d'Wichtigkeet vu gläiche Chancë vu jidderengem um Aarbechtsmarché agaangen an ass zur Konkusioun komm, dass Diskriminéierung zu Frust féiert, an dass Frust Gëft ass fir de sozialen Zesummenhalt.

Doropshin ass si vun engem Deputéierten an eise Reien op Facebook attackéiert ginn. Notamment war do ze liesen, dass si erëm Gëft géif verspreëën. Wat dozou gefouert huet, dass si an de Kommentarer staark ugegraff ginn ass. Ënner all den Haasskommentarer, déi emol méi, emol manner fraefeindlech waren an déi weeder moderéiert nach geläscht gi sinn, waren och e puer Kommentarer vu Leit derbäi, déi hir den Doud gewëncht hunn.

Doropshin huet si Plainte gemaach géint X, well een dat net esou am Raum ka stoe loossen. An et ass also elo un der Justiz, fir hei zu engem Urteel ze kommen.

Onofhängeg zur Aarbecht vun der Justiz hu mir als Gesellschaft awer all en Interêt drun, dëst opze-

gräifen an driwwer ze schwätzen, wat déi Veroruhung vun den Émgangsforme mat eis mécht. Wou kënnt dat Phenomeen hier, wou féiert et hin a wat kënne mer dergéint ënnerhuelen?

Hatespeech ka jidderee betreffen. De Sujet ass breet an e betrëfft mëttlerweil ganz vill Aspekter vun eiser Gesellschaft, an där alles a jidderee vernetzt ass a wou online alles rasant schnell weidergeet. An doriwwer musse mer schwätzen. An dat maache mer och haut.

Ech wéilt soen, dass mer dës Interpellatioun net als Gréng ugefrot hunn, mee als Majoritéit, well et e Sujet ass, deem eis ganz wichtig ass. Ech huelen un, dass mer net eleng hei am Raum déi sinn, deenen dat wichtig ass. A vu dass just een Interpellant hei uewen dierf stoen, wollt ech Merci soen, dass ech am Numm vun eis dräi da kann den Ufank maachen.

Hatespeech ass weltwäit um Virmarsch an huet d'Potenzial, zu reeller Gewalt ze féieren, de sozialen Zesummenhalt an d'Toleranz an eiser Gesellschaft ze schwächen. Hatespeech riicht och vill Schued bei den Affer un, souwuel psychesch, emotional wéi och physesch, wa Friemenhaass, Antisemitismus, antimuslimesch Gesënnungen an aner Forme vun Intoleranz an Diskriminéierung entfesselt ginn.

D'Geschicht huet eis geléiert, dass Vëlkermord an aner Atrocitéiten ëmmer mat Wieder ugefaangen hunn. A mir hunn eng kollektiv Verantwortung, fir Hatespeech haut unzeschwätzen an ze verhënneren, dass dëst Phenomeen Iwwerhand hält.

Ma ëm wat handelt et sech genau? Et gëtt nach keng universell unerkannten Definitiouun vum Hatespeech ënner internationalem Recht, mee laut dem Comité des ministres vum Conseil de l'Europe heescht et: « Le discours de haine couvre toute forme d'expression qui répand ou justifie la haine raciale, la xénophobie, l'antisémitisme ou toute forme de haine basée sur l'intolérance, y incite ou en fait l'apologie. Avec l'apparition de nouvelles formes de médias, le discours de haine est aussi présent en ligne et nécessite davantage de réflexion et d'actions de régulation et de nouvelles formes de lutte. »

Et geet also ëm all Form vu Kommunikatioun, sief et Sprooch, Schrëft oder Handlung, déi anerer attackéiert oder pejorativ Sprooch benotzt, fir iwwer eng Persoun oder eng Grupp hierzefalen, sief dat weinst hirem Geschlecht, hirer Relioun, hirer Ethnie, hirer Nationalitéit, hire sexuelle Präferenzen, hirer Hautfaarf oder all anerem Identitéitsmerkmal.

Dës ass oft verwuerzelt an engem Ëmfeld vun Intoleranz an Haass a se generéiert hirersäits och weider eeben dësen Haass an dës Aversioun. Hatespeech kann online wéi offline verbreet ginn, woubäi online mëttlerweil den Haaptproblem ass. An dozou zielt all Form vu Mediesupport.

Dobäi dierfe mer net de Mobbing vergiessen - grad och géint Kanner -, eebe dann, wann dëse sech op identitéitsstëftend Merkmaler bezitt. Jidderee kann, wéi gesot, vun Hatespeech beträff sinn, mee e riicht sech iwwerproportional oft géint Minoritéiten oder och géint Fraen. Esou wären, laut der European Women's Lobby vu Bréissel, Fraen a Meedercher zu 27 % méi oft Affer vun Onlineharcèlement wéi Jongen a Männer.

Fraen an der Politik oder am ëffentleche Liewe sinn hirersäits nach emol ganz besonnesch beträff. An hei am Land kënne mer änlech Tendenzen erkennen. Esou huet eng Ëmfro vu Reporter.lu gewisen, dass dräi vu véier Politikerinnen hei am Land Haassmessages a Menacen ausgesat sinn.

A sech fir d'Rechter vu Minoritéiten anzesetzen, ass och hei am Land meeschtens gläichbedeitend mat enger Well vun Haasskommentarer, déi op een abriechen. An duerfir ass eppes wichtig, virewech ze soen: Haass ass keng Meenung! D'Recht op fräi Meenung ass net gläichbedeitend mat engem Recht, egal wéi eng Béisaartegkeeten oder Droungen an de Raum ze geheien.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- D'Recht op fräi Meenung gëtt engem net d'Recht, aner Leit ze schikanéieren, se ze beleidegen an op d'Iwwelst ze vernennen a se ze entmënschlechen. Esou e Verhale kann a muss Konsequenzen hunn.

#### (Interruption)

D'Recht op fräi Meenung ass also net absolutt. Déi selwecht international Konventiounen, déi d'Recht op fräi Meenungsäusserung festleeën, limitéiere gläichzäitig hir Envergure. Mir mussen eis ëmmer virun Aen halen: Allkéiers, wou Hatespeech zougeloooss gëtt, geet dat op d'Käschte vun engem anere Mënsch. Et kascht dee Mënsch en Deel vu sengem Selbstvertrauen, en Deel vu sengem Respekt viru sech selwer a munchmol och en Deel vu senger geeschteger Gesondheet.

Hatespeech ka Mënschen zerräissen an et zerstéiert eis Gesellschaft. Leit, déi Hatespeech encouragéieren, représentéieren ni d'Mëtt vun der Gesellschaft, mee si représentéieren déi, déi dës Mëtt sprengeweëlen. Hiren Absichte kann een näischt, awer och guer näischt Positives ofgewannen.

D'sozial Medien hunn de Phenomeen elo leider enorm verstärkt. Wat virdrun dommt Comptoirsgepräich a klengem Krees war, wann der vläicht e puer een iwwert den Duuscht gedronk haten, ass elo quasi Normalitéit a verbreet sech wéi Laffeiier. Wat virdrun also am klenge Krees eng Zort Ventilfunktoun war, fir Frust lasszeginn, ass haut absolutt net méi vergläichbar mat deem, wat geschitt, wann deem Frust op Social Media fräie Laf gelooss gëtt.

Do si mer dann an engem aneren ëffentleche Kader, deem engem et erlaabt mat minimalem Opwand, zäitlech a finanziell gesinn, seng Reechwäit ze maximéieren. D'Social Media hunn domadder extreem derzou bäigedroen, dass Haassmessages a Falschinformatione sech rasant kënne verbreeten an derzou féiere kënnen, dass Ressentissementer sech héichsteigeren.

Dëst féiert insgesamt zu negativen Auswierkungen op déi ganz gesellschaftlech Diskussiounskultur, well Ausgrenzung, Diffamatioun an Aschüchterung online mëttlerweil quasi derzougehéieren. An dat spigelt sech mëttlerweil och offline, also am normale Liewen, erëm.

Hatespeech féinnt also haut haaptsächlech online statt. An dat ass jo och méi einfach, well online traut jidderee sech, hannert sengem Clavier an oft hanner Fakeprofiller verstoppt - wou mer denken, dass am richtege Liewen déijéineg net onbedéngt de Courage hätten -, dat alles haart ze soen.

Dofir sollt allgemeng Folgendes gëllen: Wat s de net géifs op der Strooss oder am reale Liewe soen, solls de och net op Social Media schreiwen!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Derbäi kënnt elo zënter Kuerzem och nach de Kontext vun der Pandemie, deem dëst Phenomeen extreem ugedriwwen huet. Engersäits eng ugespaante Situatioun an der Gesellschaft, déi duerch elo iwwer annerhallet Joer Mesuren zustane komm ass. Esou ass allgemeng unerkannt, dass mat der Covid-19-Pandemie Haass, Desinformatioun a Verschwörungstheorië sech iwwert de ganze Globus verbreet hunn. Dëst huet schiedlech Stereotyppen, Intoleranz an Diskriminéierung verstärkt an och d'Viragehollheet vun de Leit negativ beaflosst. Mer schwätze souzesoe grad net méi just vun enger Pandemie, mee och nach vun enger Infodemie, déi Haass generéiert.

An deem Haass, deem online geschüürt gëtt, deem ännert och eis Offlinegesellschaft. D'Wieder hunn en Impakt a se féieren zu realer Gewalt. Eent vun de ganz erschreckende Beispiller ass do dee Querdenker, dee rezent en 20-järegen Ugestallten op enger Tankstell erschoss huet. Aus hetzeresche Wieder ass do eng brutal Handlung ginn. An do ass och d'Fro vun der politescher Verantwortung, notamment vun enger AfD, opgeworf ginn, well dës sech ganz aktiv un där Zort vun Haassdiscours bedeelegt huet an en och leidenschaftlech matugeféiert huet.

Et gëtt awer mëttlerweil och schonn eng Rei Beispiller, wou d'Justiz Urteeler a Saachen Hatespeech geschwat huet: Dat rezent Beispill vun engem franséische Politiker, deem elo verurteelt ginn ass, well hien op senger Facebooksäit Haasskommentarer net geläscht hat. Dat Urteel ass och vum Mënschengerichtshaff vu Stroossbuerg confirméiert ginn, wat statuéiert huet, dass dëst Urteel keen Agrëff a seng Grondrechter an a seng Meenungsfräiheet war.

D'Gericht ass zur Konkusioun komm, dass e Politiker sech zwar fräi, och emol poleemesch, äussere kéint, mee dass dat Recht och u Flichte gebonnen ass. Bei friemefeindlechen oder rassisteschen Äusserungen hält dat Recht nämlech op. Eis demokratesch Gesellschaft géif drop foussen, dass esou Ugrëffer op eis fundamental Wäerter och musse Konsequenzen hunn - och oder grad fir Politiker a fir Leit, déi an der Ëffentlechkeet stinn.

Mir kommen do net ronderëm: Mir all heibannen hunn do eng ganz besonnesch Verantwortung fir eis Wieder an Handlungen. Esou gesäit och d'UNO et an deem Kader als wichtig un, dass d'Parteien encouragéiert ginn, sech eethesch Richtlinnen ze ginn, fir d'Verhale vun hire Representanten a Mandatairen - ganz besonnesch, wann et ëm ëffentlech Wuertmeldunge geet. Wa mir net mam gudde Beispill virginn a Meinungsverschiddenheete respektvoll ausdrécken, wéi wëlle mer da vun anere verlaangen, dass se eisem Beispill net sollen nogoen?

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- An hei ass et wichtig, nach eemol kloerzestellen, dass et net drëm geet, eng Zort vun Zensur anzeféieren. Et gëtt nämlech e feinen Ënnerscheed tëscht dem Recht





oder dem Optrag ze informéieren, Debatten ze lancéieren oder sech kritesch mat aneren ausenannerzesetzen an dem bewosste Provozéiere vun Haass, dee sech géint eng Persoun oder eng Grupp vu Leit riichte soll.

D'Recht op eng fräi Meenung ass fundamental a muss geschützt ginn, mee dat bedeit net, dass et engem d'Recht gëtt, alles ze soen, wat engem an de Kapp kënn. Et gëtt Limitten an déi Limitte mussen grad am Kader vun Hatespeech gemonitort ginn. D'Recht op fräi Meenungsäusserung baséiert op Rechter, awer och op Flichten an et hält do op, wou se aner Persounen attackéiert an a reell Gefor bréngt.

Deemno ass et evident, dass Hatespeech net kann als fräi Meenung qualifizéiert ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (déi gréng). - Ganz bestëmmt gëtt et och Fäll, wou d'Recht op eng fräi Meenungsäusserung an d'Sanktionéiere vun Hate-speech net ganz kloer ze trennen sinn. Dat soll eis awer a kengem Fall drun hënneren, dass een déi Diskussioun iwwerhaupt féiert, a scho guer net, dass Opfer esou Kommentarer oder Aussoen net sollten denoncéieren oder och Plainte maachen, wa se et fir néideg empfangen.

Zu Lëtzebuerg gesäit den Droit pénal vir, dass fir Hatespeech Strofe kënnen ausgeschwat ginn, wann zwou Konditiounen erfëllt sinn: Et muss sech ëm eng Incitation à la haine oder Incitation à la violence handeln, sech géint eng Personne physique ou morale riichten oder och géint e Grupp oder eng Communautéit vu Leit, déi diskriminéiert gi weinst engem vun de folgenden Elementer: weinst hirer Hierkonft, hirer Hautfaarf, hirem Geschlecht, hirer sexueller Orientéierung, engem Changement de sexe, hirer familiärer Situatioun, dem Alter, dem Gesondheitszoustand, engem Handicap, hire Bräich, hire politeschen Iwwerzeegungen oder gewerkschaftlechen Aktivitéiten, oder hirer Zougehéiergkeet zu enger Ethnie, Kioun oder Rass.

Ze soen ass och, dass den Hatespeech sech an de soziale Medien ënner verschiddeene Forme manifestéiere kann: als Text, als Illustratioun oder als audiovisuelle Contenu. Et muss ëffentlech publizéiert oder verbreet gi sinn, fir kënnen als Op-stiwelung zum Haass verurteelt ze ginn.

Den Artikel 457-1 vum Code pénal resüméiert hei déi applikabel Definitioun vum Hatespeech. Fir Plaintë weinst Hatespeech ze maachen, kann ee sech op verschidden Artikelen am Code pénal beruffen: Den Artikel 443 vum Code pénal condamnéiert d'Verleumdung. Wann een also eng Persoun virféiert an hir domat e Schued oder een eng ëffentlech Veruechtung vun där Persoun erbäiféiert, da kann ee weinst Verleumdung verklot ginn. D'Artikelen 454 bis 457-4 vum Code pénal si wuel déi Artikelen, déi am meeschte benotzt ginn, fir Hate-speech ze denoncéieren. Dës Artikelen condemnéieren all Zort vun Diskriminatioun. An do sinn all déi Elementer matabegraff, déi ech och grad opgezielt hunn.

Voilà. Ech wär elo souwäit fäerdeg mat menger Introduktioun an eisem gemeinsamen Numm. Fir eis gréng Contributioun zu där Interpellatioun kommen ech herno nach eng kéier erëm, wann et da mäin Tour ass.

Ech wollt awer nach och am Numm vun de Majoritéitsparteien eng Resolutioun deposéieren - wann echgelift -, well et eis wichteg ass, dass mir all, wéi mer hei sëtzen, eis och mam Theema sollen ausenannerersetzen an eis am Alldag drun erënneren, dass och mir Efforten ze maachen hunn.

#### Résolution 1

La Chambre des Députés,

- constatant que les exemples de discours de haine dans les médias sociaux sur Internet et sur la place publique en général ne cessent de gagner en intensité ;

- redoutant que la cohésion sociale risque de souffrir si le discours de haine se normalise ;

- rappelant que la liberté d'expression est limitée par les mêmes conventions internationales qui la préservent, l'incitation à la haine raciale et la propagande de guerre constituant même des restrictions obligatoires ;

- considérant la recommandation générale n° 35 du Comité de l'élimination de la discrimination raciale de l'ONU relative à la lutte contre les discours de haine raciale (2013) ;

- considérant la recommandation de politique générale n° 15 de la Commission européenne contre le racisme et l'intolérance du Conseil de l'Europe sur la lutte contre les discours de haine (2016) ;

- considérant la stratégie et plan d'action de l'ONU pour la lutte contre les discours de haine (2019) ;

- considérant la résolution du Parlement européen sur la discrimination publique et le discours de haine à l'égard des personnes LGBTI, notamment les « zones sans LGBTI » (2019) ;

- rappelant sa propre résolution adoptée en marge du débat relatif au rapport « Being Black in Luxembourg » (2020) ;

- considérant la Charte de la Diversité Lëtzebuerg (2004) qui encourage les organisations signataires à garantir la promotion et le respect de la diversité dans leurs effectifs et dans tous les actes relatifs à leur activité,

s'engage

- à adhérer à la Charte de la Diversité Lëtzebuerg ;

- à adapter son code de déontologie des député(e)s afin d'y insérer des dispositions relatives au discours de haine ;

- à proposer des formations et une offre de conseil relatives au discours de haine et aux discriminations à l'intention des mandataires nationaux et au personnel de l'administration parlementaire ainsi qu'aux groupes et sensibilités politiques ;

- à demander aux personnes victimes de discours de haine ainsi qu'à la société civile de témoigner sur leurs expériences au sein de la Chambre des Députés si elles le souhaitent ;

- à lancer une campagne d'information relative au discours de haine pouvant englober des brochures, des émissions Chamber TV ou tout autre support médiatique jugé opportun ;

- à renforcer sa collaboration avec les acteurs étatiques et de la société civile proposant des offres pertinentes dans le domaine du discours de haine (Zentrum fir politesch Bildung, respect.lu, Bee Secure...) ;

- à instaurer une journée parlementaire de lutte contre le discours de haine ;

- à commanditer un état des lieux avec recommandations sur la problématique du discours de haine ;

- à renforcer sa participation à des programmes de lutte contre le discours de haine au sein des instances internationales ;

- à œuvrer au niveau national et international pour atteindre une meilleure réglementation des plateformes des médias sociaux en matière de contenus haineux.

(s.) Stéphanie Empain, Dan Biancalana, Carole Hartmann.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Empain.

■ **Mme Stéphanie Empain** (déi gréng). - Déi Resolutioun, déi mir also hei proposéiert hunn, gesäit ënner anerem vir, dass mir eis zu Folgendem engagéieren: de Code de déontologie vun den Deputéierten ze adaptéieren an Dispositiounen zum Hate-speech eranzebréngen, eng Informatiounscampagne iwwert den Hatespeech ze lancéieren oder eng Journée parlementaire fir de Kampf géint den Hate-speech anzeféieren, oder och nach als ee vun de Punkten an där Resolutioun, sech um nationalen an internationale Plang fir eng besser Reglementatioun vun de soziale Medien anzesetzen, grad eeben am Beräich vum Contenu, deen ënner Hate-speech fält.

An ech kann natierlech just hoffen, dass eng ganz grouss Majoritéit vun Deputéierte sech där Resolutioun wäerten uschleissen.

Souvill fir elo. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Empain.

Als éischte Riedner ass den honorablen Här Paul Galles agedroen. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

#### Débat

■ **M. Paul Galles** (CSV). - Här President, léif Kollegen, Dir Damme Minister an Här Minister, mir all wënschen eis eng Gesellschaft, déi funktionéiert, wou Meenungsfreiheet a Respekt Hand an Hand ginn a mer alleguerten als ganz ënnerschiddlech Mënsche gutt kënnen zesumme-liewen. Dat ass fir eis Fraktioun dat allerieweschst Zil. An dat wëll ech haut an eisem Numm eng kéier zum Theema Hatespeech duerchdeklinéieren.

Hatespeech ass nämlech genau de Contraire. Hatespeech ass dee Moment, wou ech aus voller Absicht engem anere bewosst wéidoen, andeems ech em mäin Haass ëm d'Ouere schloen an e verbal aggresséieren. Hatespeech ass do, wou Diskriminéierung zu enger verbaler Attack gëtt am virtuelle Raum oder am reale Liewen. Hatespeech ass déi bewosst Erniddregung vu Mënschen, fir dass se déi Erniddregung och spieren. Et ass en Awierken op hir Emotiounen, hir Würd an hiert Selbstwäertgefill. Hatespeech ass, kuerz gesot, dat, wat mer eis nimmools géife wënschen, dass iergendeen et mat eis géif maachen.

Ob et Hatespeech ass, kann een objektiv probéiere feststellen. An dat wäert ech och elo gläich probéieren. Mee Hatespeech mierken ech schonn emol do, dass d'Gefor grouss ass, wou ech dat, wat ech soen, aus engem lenger eraus soen a wou ech,

wann ech net veriergert wär, et anescht géif formuléieren. Eeben net persounen- oder würdbezunn, a wou ech mer déi Fro stellen, wéi ech reagéiere géif, wann een aneren dat mat mir géif maachen an ech ganz genau weess, dass ech dat do net wëll.

Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, Hate-speech passéiert, andeem ee Mënschen an Tiräng peekt. A well et esou een Tirang voller Stereotypen ass, kriss de dann en onhannerfroten Applaus heiansdo oder virun allem - an dann ass et ganz oft Hatespeech - d'Ofneigung vun de Leit ze spieren; oft Onverständnis, heiansdo oppen Ofneigung, an da souguer de ganz staarken Haass bis hin zu enger Incitatioun zu Gewalt.

An déi Tiräng entsprechen deene Kategorien, déi de CET, de Centre pour l'égalité de traitement, ënnerscheet, wann et ëm Diskriminatioun geet: déi presuméiert Zougehéiergkeet zu enger Rass oder enger Ethnie, d'Nationalitéit, d'Geschlecht, déi sexuell Orientéierung, d'Relioun oder d'Iwwerzeegungen, och déi politesch, en Handicap oder den Alter. Lauter Kategorien, déi bei deenen engen oder aneren heftig Reaktiounen kënnen provozéieren, bis zu deem Punkt, dass se kënnen esou verletzend ginn, dass se Ausdrock gi vun Haass, an esou verletzend, dass se kënnen strofrechtlech relevant ginn.

Här President, ech wëll dem Stéphanie Empain Merci soe fir seng engagéiert Interventioun, fir d'Theema Hatespeech hei haut den Nomëtteg an der Chamber agefouert ze hunn. An ech wëll de Fraktiounen vun der DP, der LSAP an deene Gréngen och Merci soen, dass se deesen Debat op den Ordre du jour gesat hunn, well mer denken, dass et haut wierklech tatsächlech héich Zäit ass, dass mer dëst Theema zesummen behandelen.

Dat ass jo och geschitt am Kader vun der Heure d'actualité, déi d'Piraten a mir deemools parallel ugefrot haten zum Theema vum Rassismus an der Diskriminatioun. Eiser Fraktioun war et schonn deemools wichteg, et zu enger parlamentarescher Diskussioun ze bréngen, dass d'Etüd „Being Black in Luxembourg“ gewisen huet, dass d'Diskriminatioun zu Lëtzebuerg e seriöse Problem ass an eng ganz Rei Leit schwéier belaaucht.

An ech muss zouginn, et war schonn deemools heiansdo e bëssen en Hindernislaaf tëscht den Tiräng. Duerfir nach eng kéier ganz daitlech, am Numm vun eiser Fraktioun: Neen, Lëtzebuerg ass mat Sécherheet keng diskriminatoresch Gesellschaft, well mir sinn eng Gesellschaft, déi gewinnt ass, a mat Challenges och gutt eens gëtt, zu ganz villen ënnerschiddleche Mënsche mat ënnerschiddleche Backgrounds an ënnerschiddlechen Orientéierungen zesummenzeliewen. Dat kënnen mer!

Eise Wäertekodex, deen eis onsichtbar am Hannergrond verbënnt, ass staark genuch, fir dat och ouni Weideres positiv gestalten ze kënnen. Trotzdeem - an dat muss ee soen, a grad haut de Mëtteg muss dat gesot ginn - gëtt et Phänomene, déi eis nerven an déi gären emol zu Tirangsdénke féieren. Et gëtt Mënschen, déi ganz seriö drënner leiden, dass se Affär gi vun Hatespeech. A well mer et eigentlech vill besser kënnen, well mer et eigentlech vill besser kéinten, ass et wichteg, dass mer haut am Nomëtteg zesummen doriwwer debattéieren.

Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wëll den Hatespeech ënner dräi kuerzen Aspekter kucken a behandelen: dat Éischt ass Preventioun, dat Zweet ass Therapie a Begleitung, an zwar souwuel fir d'Affär wéi fir d'Täter a schliisslech dat Drëtt ass d'Repressioun, also déi klassesch Approche un all mënschlech-sozial Froe vum gudden Zesummeliewen.

D'Fro vun der Preventioun setzt viraus, dass mer eng Analys versichen, woufir Hatespeech iwwerhaupt méiglech ass. Well da kann ee jo preventiv dergéint virgoen, wann ee weess, wat eigentlech verstoppten oder oppen Ursachen derfir sinn. Heiansdo ass et net einfach, déi vill verschidde Mënsche mat ville verschiddeene Meenungen als eng Gesellschaft zesummenzehalen. Heiansdo verfallen d'Leit an ee Schwarz-Wäiss-Denken, an ee Gutt-Béis-Scheem, an eng Opdeelung an d'Welt vun op där enger Säit „mir“ an op där anerer Säit „déi aner“, well dat ass jo vill méi einfach, wéi déi ganz Komplexitéit vun der Welt auszehalen.

Dat, wat mech perséinlech ganz vill beschäftegt, ass, wéi et iwwerhaupt zu deem Hatespeech da komme kann. Ausléiser ka jo eng bestëmmte Situatioun sinn. D'Konfrontatioun mat enger Rei Leit, déi engem net ginn. D'Motivatioun kann ee ganz bestëmmten Interessi sinn. Zum Beispill eeben, müssen d'Welt a Gutt a Béis anzedeelen, well ee soss net méi kloerkënn.

Mee wat ass dee gréisseren Hannergrond? Op wat fir enger Atmosphär kann iwwerhaupt esou eng Versuchung hin zu engem Hate-speech entston? Wat ass den Näreuedem eigentlech do derfir? D'Stéphanie Empain huet schonn eng Rei Saache gesot. An ech wëll der nach eng kéier e puer derbäi soen. Wat ass heiansdo an eiser Gesellschaft eigentlech lass? Well, ech denken, e Mënsch ass dach eigentlech keen Hater vun Gebuert un.

Ech ka mer virstellen, Här President, dass et eng ganz Rei Mënsche gëtt, déi vun enger Situatioun esou frustréiert sinn, dass se dofir e Schëllege sichen. Ech hu mech jo am Virfeld vun där Debat mat de Verrieder vu ganz villen Organisatiounen zesummegeat an ënnerhalen. Déi vu respect.lu hu mer erzielt, dass oft Mënschen derbäi sinn, déi einfach punktuell immens frustréiert sinn an deenen dann d'Fieder ausrutscht - oft, mee natierlech net nëmmen.

Ech wëll direkt derbäi soen: Dat heiten ass eng allgemeng Iwwerleeung. Et geet guer net drëms, Hate-speech ze verharmlosen oder souguer ze entschëllegen. Well aus engem Frust Hatespeech ze maachen, dat ass eng bewosste verurteelenswäert Entscheedung, déi duerch näischt ze entschëllegen ass! Verstoe wëllen heescht net entschëllegen!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Paul Galles** (CSV). - Mee et geet mer drëms ze kucken, ob et Hannergrondgeräischer gëtt, un deene mer als Politik, mir als Politiker, preventiv kënnen schaffen, fir dass d'Verlockung zum Hate-speech op alle Fall emol manner grouss gëtt.

An ech weess net, wéi et lech geet, mee mäin Androck ass, dass d'Empörungspotenzial an d'Nervosität an der Gesellschaft a leschter Zäit zougeholl hunn. Wat mécht d'Leit an eis alleguerten dann eigentlech potenziell esou onzufrieden an esou nervös?

Et muss een zouginn, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, dass et am Moment tatsächlech wierklech net einfach ass. Mir sinn alleguerten genervt vun där blöder Pandemie, déi mer schonn e puermol wollte fir eriwwer erklären an déi sech einfach net gëtt. Vill Mënsche leiden dorënner - dat huet eis och de Politmonitor vu gëschter iwwregens gewisen -, queesch duerch all Generatiounen. Op deem Näreuedem entstinn da Verschwörungstheorien a Polariséierung bis eran an d'Familljen. An héchstwahrscheinlech kennt jiddweree vun eis iergendwou eng Famill, déi genau weinst där doter Fro a sech gespalten ass. Eng dramatesch Situatioun!

Wien eng Verschwörungstheorie kann zum Beschte ginn, deen huet natierlech eng vill méi spannend Geschicht ze erziele wéi een, deen einfach nëmme feststellt, dass schonn oft e Virus vum Déier op de Mënsch eriwvergaangen ass an dass et eeben dës kéier leider besonnesch grav ass.

Mee op wem seng Käschte ginn dann esou Weltverschwörungstheorien, déi d'Welt dann op eemol deelen a Gutt a a Béis? A wéi et schéngt - dat hu se mer bei respect.lu gesot -, ass et oft de verstoppten oder souguer de ganz oppenen Antisemitismus, deen heimat verbonne gëtt.

A mir sinn och oft genervt, well mer mierken, dass eis „heile Welt“ net esou perfekt ass, wéi mer se gären hätten. De Klimawandel wierkt op eng ganz Rei Leit esou, dass se mierken, dass eisen onbekëmmerte Liewensstil iwwer Joerzénkten eng ganz Rei nefaste Konsequenzen hat an de Planéit zumindest mat senger Kraaft um Enn ass. Si maache sech Suergen ëm déi gesond Zukunft vun hire Kanner, vun hire Jonken, vun hire Kandskanner, den nächste Generatiounen, och hir eegen Zukunft.

Da gëtt et ëmmer méi Leit, déi an enger globaliséierter Welt wëllen zu Lëtzebuerg matliewen a matschaffen - dat absolutt legitimmerweis! An déi si wëllkomm hei zu Lëtzebuerg. Et gëtt déi, déi eis brauchen an deene mir onbedéngt müssen hëllefen. Et gëtt sécherlech och parmi vun deenen doten déi, déi vun eisem System wëlle profitéieren. An alleguerten déi doten ausenannerzehalen, dat ass tatsächlech eng komplex Ustrengung. Déi Komplexitéit auszehalen an ausenannerzehalen, dat kascht Energie, an déi muss ee kënnen opbréngen.

Ech wëll och meng Thees erneieren, dass den Aarmutsrisiko ëmmer méi an d'Mëtt vun der Gesellschaft réckelt, dass mer eise System heiansdo als ongerecht empfangen, well der ganz vill vun eis sech heiheim näischt méi kënnen leeschten, dass Aarbechtsplazen ënner Drock stinn, dass d'Schlaange beim Dokter méi laang ginn, dass alles net méi esou einfach ass an déi sozial Ongerechtegkeet vill Mënschen onzufriede maachen.

Dat féiert leider oft zu Tirangsdanken am Sënn vun: „Jo, déi douwen, an dann déi Schmarotzer doënnen, déi souwisou näischt schaffe ginn“, zu Diskriminatioun an Exklusioun, zu déifster Onzufriedenheet fir sech selwer, déi ech selwer bei enger ganzer Rei Leit iwwer Joren erlieft hunn, wéi staark se dorënner leiden, wéi se an d'Tiräng gepaakt ginn.

Un all deem Näreuedem fir Onzufriedenheet, Här President, muss mir als Politik schaffen. Dat ass déi basescht Preventioun, déi et gëtt. Et geet drëms, eis Gesellschaft an all deene ville Krisen zesummenzehalen, e Raum ze schafe fir déi, déi hir Suergen net lassginn, hinnen nozelauschteren, et auszehalen an domat ze prevenéieren, dass si sech selwer an anere schueden duerch oft oniwuerluechten Äusserungen.





Da muss ech awer nach eppes aneschters erwänen: Wann et stëmmt, dass d'Gefor vun der Anonymiséierung an Individualiséierung an der Gesellschaft grouss ass an dass een Denken a Stereotyppe kéint verschäerfen, dann ass déi Initiativ, déi gëschter beim GRESIL, der Initiativ fir Integratioun op lokalem Niveau, virgestallt gouf ... An Dir, Madamm Familljeministes, Dir waart do a mäi Kolleeg, den Emile Eicher, och a vill anerer iwwregens och, déi haut hei an der Chamber sinn, ware gëschter och present. Eng Initiativ, déi ass Gold wäert! D'Opstelle vun Tiers-lieux, vun attraktive Plaze fir sech ze begéinen, déi accueillant sinn an déi et erlazen, Mënschen ze begéinen a Virurteeler ofzebauen.

Ausserdeem wëll ech drop hiweisen, dass mer eis an eiser Gesellschaft e positive Counterspeech musse gi géint all deen Hatespeech, deen ëmmer erëm latent present ass, e positiven Narrativ fir eist Zesummeliwen. An dat ass och d'Obligation vum Staat.

Dann, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, stellt sech d'Fro, wéi mer deem Phänomeen begéinen, dass sech Onzefriddenheet an Diskriminatioun an Hatespeech äussert. Ech wëll nach eng kéier betounen, dass et tëscht Onzefriddenheet an Hatespeech kee fléissenden Iwwergang gëtt. Dat ass eng bewosst Entscheidung fir déi ee Verantwortung iwwerhuele muss an déi ee mat senger Onzefriddenheet net entschëllege kann! Well Onzefriddenheet kann een och positiv an Doten ëmsetzen: sech engagéieren, sech äusseren, Alternative vorschloen, d'Gespréich sichen - de Reflex vun enger Gesellschaft, déi funktionéiert an déi sech als eppes Ganzes versteet.

An do stellt sech déi Fro: Wat ass dann den Iwwergang an den Ënnerscheed tëschent fräier Meenungsäusserung, objektiver Realitéitsbeschriewung an Hatespeech, potenzieller a verbaler Gewalt? Fir mech perséinlech läit déi Grenz do, wou ech engem bewosst wëll schueden. An do, wou ech versichen, eng Realitéit esou ze beschreiwen, an dobäi bewosst a Kaf huelen, dass meng Aussoe kéinten als Tirangsdanke verstanen oder mëssverstanen ginn.

Meenungsfräiheet ass en immens wäertvollt Gutt. D'Mënschen hu sech an der Geschicht laang mussen derfir asetzen, bis se sech endlech duerchgesat huet. Si war awer ni absolutt, si war ni ouni Grenzen, si war ni ouni Verantwortung a Verpflichtung. Si huet hir Grenz do, wou eng Atteinte géint d'Fräiheet vun engem anere Mënsch geschitt.

Mäi Kolleeg Gilles Roth hat an enger Interpellatioun 2017 an eise Mumm gesot, dass dat immens héicht Gutt vun der Meenungsfräiheet net absolutt ass, mee emol a Konflikt mat anere Grondrechter geréit an dass een Zensur a Repressioun vun Delikter net däréi gläichsetzen. Et gëtt kee Recht op Haass!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Paul Galles (CSV).** - Oder, wéi de Moler Randall Munroe et sënngemeiss ausgedréckt huet: Wa Meenungsfräiheet nach déi lescht Bastioun ass, fir däin Hatespeech ze legitiméieren, dann has de wierklech net vill ze soen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Paul Galles (CSV).** - Meenungsfräiheet an Hatespeech sinn also bei Wäitem net dat selwecht. Oder, fir et anescht a ganz kloer ze soen, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an engem eenzege Saz, deen haut de Mëtteg hei scho gefall ass: Haass ass keng Meenung!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Paul Galles (CSV).** - Dofir erlaabt mer, Här President, an engem zweete Schrëtt iwwert déi Fro vun der Therapie a Begleedung, nach op véier ganz praktesch Froen anzegoen, nämlech wéi een ëmgeet mat Hatespeech, wann iwwerall, iwwer all Onzefriddenheet a Meenungsäusserung eraus, mat Absicht verbal Attacke bestinn. Véier Punkten, parallel zu enger Opdeelung, déi Bee Secure op hirem Site zum Hatespeech hunn - fir meng Quellen och transparent unzeginn.

Déi Éischt ass: Wéi kann een Hatespeech geréieren, wann een Affer dovun ass? Bee Secure schléit vir - praktesch an enger Progressioun vu Gravititéit -, éischstens: Ignoréieren ass heiandsdo dat Besch. Zweetens: Et net perséinlech huelen, well et si reng Projektiounen an du bass nëmmen d'Projektiounsfläche. Drëtzens: Den Auteur blockéieren. Véiertens: de Contrediscours, fir Hatespeech als Hatespeech ze entlarven a sech dergéint ze wieren. Fënneftens: Net eleng bleiwen, mee eng Vertrauenspersoun sichen oder sech un ee Service wenden. Sechstens: Et signaliséieren, zum Beispill bei hinnen. A siwents: Plainte maache bei der Police mat Screenshots oder anere Beweiser.

An déi zweet Fro, déi ass jo, wou een dann Hëllef fanne kann, wann et da mol eng kéier sou wäit ass an een déi Hëllef brauch. Et gëtt zum Beispill d'Bee Secure Stopline, et gëtt de Kanner-Jugendtelefon: 116 111, et gëtt natierlech d'Police, et gëtt och de Centre pour l'égalité de traitement, et gëtt och

d'ASBL SOS Radicalisation an de Centre respect.lu, déi och eng ganz wichteg Approche vun der Deradikalisatioun ubidden, wat ech eminent wichteg fanne an wou ech gläich nach eng kéier drop zrëckkommen.

An ech wëll och nach derbäifügen, dass vill Organisations a Mouvementer sech mam Theema beschäftegen. Sou huet zum Beispill den SNJ mat der ASTI e Site op d'Bee gestallt: Linking Luxembourg. Mir selwer war en am Virfeld zu dëser Debat iwwregens net bekannt an ech weess net, ob dat elo representativ ass, mee et ass sécher d'Fro wäert, ob esou ee wäertvollt Instrument vun Opklärung nach genuch bekannt ass. An déi Fro wëll ech direkt un den Educationminister riichten a se verknäppe mat där Fro, wéi an der Education iwwert den Hatespeech dann opgekläert gëtt.

Souwäit ech gesinn, gëtt et och den IKL, de Centre d'éducation interculturelle, gedroe vum MENJE a vun der ASTI, a kënn Dir eis vläicht eppes dozou soen, wéi gutt et funktionéiert a wéi vill e sollicitéiert gëtt? An ech wëll och nach den Zentrum fir politesch Bildung erwänen, deen dat Theema vun Hatespeech immens seriö hëlt.

Déi drëtt praktesch Fro, Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen, ass, wéini den Hatespeech da stroffbar gëtt. Dat ass de Fall, wa folgend zwee Elementer beienaner kommen - an d'Stéphanie Empain hat et scho gesot -: d'Incitatioun, also d'Opfuerderung zu Haass oder Gewalt engersäits opgrond vun deene Kategorien, déi ech virdru scho genannt hat, an anerersäits d'Ausdrucksforme vun der verbaler Gewalt am ëffentleche Raum, virtuell oder analog, Illustratiounen, Affichen oder audiovisuell Kommunikatioun.

An hei stellt sech, an dat fügen ech och gären derbäi, och d'Fro, wéini een haftbar ka gemaach gi fir Hatespeech. An dat kann och de Fall sinn, wou aner Leit meng Kanäl, meng sozial Medien notzen, fir hiren Hatespeech vis-à-vis vun Drëtten ze äusseren. Da sinn ech censéiert, dat als Hatespeech ze erkennen, ze ënnerbannen an ze läschen.

A sou ass a Frankräich ee Politiker - dat ass och schonn erwänt ginn - verurteelt ginn, well en op senger Facebooksäit Haasskommentare stoe gelooss an net geläscht huet.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Paul Galles (CSV).** - Eng gutt Geleeënheet, un d'Virreideroll an d'Virbildroll vun den ëffentleche Persounen ze erënnere.

An déi véiert Fro, déi ech nach ugin, dat ass déi - oder déi sinn nach ugin op Bee Secure -, wéi ee sech bei hinnen op der Stopline ka mellen. An dat ass ee ganz entscheidende Punkt, well wann ee sech d'Urteeler vun deene leschte Joren zu Incitation à la haine ukuckt, da mierkt een, dass der do ganz vill sinn, déi op Denonciatiounen duerch Bee Secure zrëckginn - an iwwregens leider eng steigend Tendenz! Et soll ee sech net freeën iwwer eng steigend Tendenz vun de Fäll, mee et kann een awer soen, dass een et ka begreissen, dass et eng steigend Tendenz gëtt bei den Denonciatiounen, dass d'Saachen oppegeluecht ginn an dass eppes geschitt.

An iwwregens, fir dat och hei gläich unzeschlëssen, dat ass ee Constat, deen och d'Police fir 2020 bestätegt an hirer Section antiterrorisme: leider eng steigend Tendenz vun der verbaler Gewalt.

An et muss een och nach derbäi soen, dass am Rapport 2017 vun der ECRI iwwer Lëtzebuerg, dës Europäesch Kommissioun eis warnt virun enger opkommender Xenophobie, déi sech besonnesch géint Flüchtlingen, Muslimen an Ausländer am Allgemengen äussert. Iwwregens ass dat elo dee leschte Rapport vun der ECRI, deen ech fonnt hunn, an ech weess net, ob, opgrond vun der Pandemie, iergendwou een an der Maach ass oder wéini deen nächste virgesinn ass. Vläch weess d'Madamm Justizministes, dat besser, ob do iergendwéi eng kéier erëm een op eis duerkënnt, well dat wär nämlech ganz interessant ze kucken, wat si dozou soen.

Iwwregens war mäin Austausch mat respect.lu zum Theema Therapie a Begleedung hei immens interessant. Si beglee do Leit, déi sech scho radikalisiert hunn, an engem Programm vun Deradikalisierung. Mënschen, déi beim Parquet gemellt goufen an deenen hire Prozess nach aussteet, kënnen fräiwëlleg deelhuelen a kréie Wëssenstransfert zu den Theeme Meenungsfräiheet, Diskurskompetenz - „Ech war frustriert, mee ech wouss net, wou ech de Frust kéint anescht lassginn.“ -, Mediekompetenz - wou opfällt, dass vill Leit an engem méi avancierten Alter net gutt ënnerscheede kënnen, wat eng Äusserung an ëffentleche Fore bedeit; an do, Madamm Ministesch, ass et vläch och eng gutt Fro ze kucken, ob eng Sensibiliséierung grad fir déi eeler Leit iergendwéi ugeduecht ass -, Diskriminierung - wien ass Affer, wien ass Täter? - an de Perspektivewiessel - kommt, mir gi mol eng kéier déi besichen a kenneleieren, iwwert déi ech mech hei ausgelooos hunn; zum Beispill eng ganz Rei Visitten a Flüchtlingsfoyeren, fir dass déi, déi wierklech onugemoossen

Äusserungen iwwer Flüchtlinge gemaach hunn, mol endlech wëssen a kenneléieren, wien déi Mënsche sinn a wéi hir Situatioun ausgesäit.

An déi Fro, déi ee sech hei stelle kann, Madamm Justizministes, ass, ob een net esou ee Programm wéi deen heite vun der Deradikalisierung och ubidde kéint nom Aussprache vun enger Peine, ob een net an deem nächste Schrëtt och deene Mënsche kéint hëllefen, op déi Aart a Weis dann hir Dot ze verstoen a sech als Mënsch op e ganzen Transformationsprozess anzeloossen.

Ausserdeem stellt sech och d'Fro vun enger Afferberodungsstell. De CET an anerer kënnen zwar villes opfänken, mee si begleeden awer zum Beispill d'Affer net während dem Prozess, do, wou jo ganz vill emotional Erënnerungen opkommen. An och do wëll ech lech froen, ob geplangt ass, esou eng Afferberodungsstell anzeféieren, déi fir ganz vill Leit wierklech Gold wäert ka sinn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Paul Galles (CSV).** - An da stellt sech och nach d'Fro vun den zoustännegen Multiplicateurs op nationalem Plang. Op EU-Niveau gëtt et de Code of conduct on countering illegal hate speech online. An der sechster Evaluatioun ass Lëtzebuerg nach net vertrueden; aner 22 EU-Länner sinn awer vertrueden. An och um Niveau vum Conseil de l'Europe fënnt ee kee Body, keng Institutioun, déi de Relais fir national Campagnë mécht. Dofir meng Fro, ob do eng Verännerung geplangt ass.

An doraus ergi sech awer, Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen, zum Schluss e puer politesch Froen am Ëmfeld vun der Justiz a vun der Repressioun. An ech gesinn der e puer, an ech wëll se dann och zum Deel un d'Madamm Justizministes, riichten oder wien och ëmmer sech da vun den Dämmen an Häre Ministeren ugesprach fillt.

Déi éischt ass: Hu mer zu Lëtzebuerg eng verbindlech Definitioun vun Hatespeech, op déi ee sech am juristesche Kader ka beruffen? Wann ech nämlech probéieren, mech online doriwwer ze informéieren, kréien ech ganz vill ënnerschiddlech Formulierungen an Definitiounen. An ech kréien der meeschtens, déi eis aus dem Ausland zougedroe ginn. Dofir meng Fro, wéi et mat enger Definitioun hei zu Lëtzebuerg steet.

Ech schlëssen hei och un déi zweet Fro un no eise legislative Kader, ob deen duergeet. Souwäit ech Är Äntwerten, Madamm Ministesch, bei der Heure d'actualité iwwert de Rassismus an Erënnung hunn, ass eise legislative Kader gutt opgestallt. Mir hunn d'Antidiskriminationsgesetz vum 28. November 2006, an deem iwwregens och de CET konstituéiert gouf. Mir hunn den Artikel 457-1 vum Code pénal, deen definéiert „toute forme de communication“ am Sënn vum Hatespeech; dee baséiert sech op den Artikel 454, an deem déi verschide Kategorie vum Diskriminatioun festgehal sinn. An Dir hat deemools och vun Aarbechten op der Fro vum Hatecrime geschwat an eis Resultater fir d'Enn vum Joer an Aussicht gestallt. Dierf ech froen, ob et schonn Enn vum Joer ass? An däréi ech och froen, ob d'Fro vun Hatespeech eebe genau an där doter Fro vum Hatecrime mat dran ass?

Am Rapport mi-parcours vu Lëtzebuerg un de Conseil des droits de l'homme steet dran, dass de Justizministère un engem Projet de loi schafft, fir den Online-Hatespeech besser an de Grëff ze kréien. Handelt et sech heibäi ëm déi selwecht Demarche oder ass dat nach eng kéier eppes anescht? A wéi steet et och mat deem Projet de loi?

Ech hat iwwregens och eng kéier matkritt, dass e Gesetz zum Theema Intersex an der Maach wär; jo, eng Kategorie vu Mënschen, déi ganz oft falsch verstanen ginn, an Theema, wat oft vergiess oder ënnerschat gëtt. Ass et méiglech, eis ze soen, ob do och esou e Gesetz an der Maach ass an ob do eppes op eis duerkënnt?

An ech wëll hei och nach eng kéier eis selwer, léif Kolleginnen a Kolleegen, un déi Resolutioun erënnere, déi mer gestëmmt hunn, dass mer dem CET wëlle méi Kompetenze ginn.

An déi drëtt Fro, déi ech gesinn, ass: Wat sinn eis Indicateuren? U wat fir Zuele moosse mir hei zu Lëtzebuerg iwwerhaapt den Hatespeech? Mir hunn de Rapport vum CET, doraus kann ee jo scho munches tëschent den Zeilen erausliesen. Et gëtt och Rapporten zu einzelnen Theemen, wéi zum Beispill de Rapport zum Antisemitismus. Mee hu mir systematesch Indicateuren hei zu Lëtzebuerg, un deene mer eis kënnen zu Lëtzebuerg orientéieren, fir d'Gravititéit vum Phänomeen Hatespeech ze beschreiwen?

Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen, Dir Dämmen an Häre Ministeren, viru Kuerzem gouf et d'Initiativ, fir fir LGBTIQ+ den ëffentleche Raum als Freedomzone ze deklaréieren. Dat ass eng super Initiativ a si muss esou selbstverständlech kënnen sinn, dass eis Gesellschaft fir eis all esou eng Freedomzone vis-à-vis vun all Hatespeech soll sinn. Mir liewen an engem fräien, oppenen an demokrateschen Europa, a mir wëllen net, dass iergend-

een eis dat futti mécht. Mir wëllen, wéi d'Karin Weyer vu respect.lu et an engem fräie Mikro ausgedréckt hat, matenaner schwätzen, oder besser: een deem aneren nolauschten, fir dass Haass keng Chance huet. An dat op Basis vun enger ganz klorer Iwwerzeegung: Haass ass keng Meenung!

Ech soen lech villmools Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Galles. An als nächste Riedner ass déi honorable Madamm Carole Hartmann ageschriwwen. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Carole Hartmann (DP).** - Merci, Här President. „Convicted criminal! Wild savage beast of prey!“, esou liest sech viru knapp engem Joer e Kommentar op engem bekannte sozialen Netzwerk, ënner engem Artikel vun der „New York Times“. An dësem Artikel goug et ëm d'Gerichtsverhandlung nom George Floyd sengem Doud.

Ech soen et nach eemol: „Convicted criminal! Wild savage beast of prey!“ Kann dëst als Hatespeech ugesi ginn? Juristesche kéint een doriwwer diskutéieren, moralesch awer ganz bestëmmt!

Ob dës Persoun sech an der Ëffentlecheit géif d'selwecht äusseren, ass ze bezweifelen. Do géifen och déi weénegst Leit zouloossen, dass esou eng degradant, rassistesche a mënschenonwierdeg Ausso géif gemaach ginn. Hanner engem Ecran ass dat méi einfach. D'Hemmschwell ass net do. Et kann ee sengem Frust, senger Roserei, senger Enttäuschung, senger Verzweiflung fräie Laf loossen. A genau dat ass de Problem.

Am Fall vun dësem Onlinekommentar hat och e User, also eng aner Persoun, agegraff an de Kommentar gemellt. De Kommentar sollt dunn op d'Standard vum Communautéit evaluéiert ginn. Da géif eng Decisioun geholl ginn, ob e kéint stoe bleiwen oder net. Dëst kéint an der Reegel 24 Stonnen daueren.

Keng 24 Stonne méi spët dunn d'Noriicht, dass de Kommentar net géint d'Standard vum der Plattform verstéisst. En duert also stoe bleiwen.

Dem Notzer, deen de Kommentar gemellt hat, gouf ugeroden, de Kommentar fir sech selwer ze verstopen, den Artikel net weider ze suivéieren oder den Auteur vum Kommentar ze blockéieren.

„Wild savage beast of prey!“ Wëld Béischt! Esou gouf hei vun engem Mënsch geschwat, an als Notzer op dëser Plattform kritt ee geroen, wann dat engem net gefält, ewechzekucken.

Léif Kolleginnen a Kolleegen, c'est le monde à l'envers, an dat ka wierklech net sinn!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Carole Hartmann (DP).** - Déi besote Plattform huet a leschter Zäit vill vu sech schwätze gedoen, zulescht well eng Ex-Mataarbechterin als Whistleblowerin intern Praktiken a flagrant Mësstänn an de Prozeduren no bausse gedroen huet. Sou géifen intern Fuersungen zum Beispill weisen, dass et méi einfach ass, d'Leit op Haass a Roserei wéi op iergendeng aner Emotioun ze trimmen. Si wëssen et also! An awer gëtt näischt ënnerrholl; et ass gutt fir d'Geschäft.

Léif Kolleginnen a Kolleegen, dat kann et net sinn!

Ech kommen nach eemol op de Kommentar zrëck. Wann esou Kommentaren net géint d'Community-Standarder verstoussen, muss ee sech dach froen, wat dat fir Standard sinn. Wa mer eis dës Standarden dann ukucken, da steet do, dass d'Plattform hir Verantwortung unhëlt an all Zort vun Abuse vun hirem Site fernhält. D'Dignitéit vum Mënsch a jidder Einzelne seng Rechter solle beuecht ginn. Vun den Notzer gëtt erwaart, dass si d'Dignitéit vun deenen anere respektéieren a keen harceléieren oder degradéieren. Gläichzäiteg sollen awer och verschidden Usichten a Meenungsfräiheet promouvéiert ginn.

Mee wou hält da Meenungsfräiheet op a wou fänkt Hatespeech un? Wou läit d'Grenz tëschent enger fräier Meenungsäusserung a Diskriminierung? An och: Wéini sinn et nach Nouvelles a wéini ass et Desinformatioun a Provokatioun?

Déi aner grouss Fro, déi sech stellt: Wien ass verantwortlech?

Dës Fro ass dëst Joer an enger Reunion tëschent der Kommissioun fir Kommunikatioun an Technologie aus dem ënneschte Representantenhaus vum amerikanesche Kongress an de CEOs vun dräi Internetgréissten, dorënner zwou Social-Media-Plattformen, gestallt ginn. D'Theema vun der Reunion war „Desinformatioun an d'Roll vu soziale Medien an der Verbreedung an an der Promotioun vun Extremismus a falschen Informatiounen“.

Säitens de Plattformen gouf gesot, dass ee mat ëmmer gréisseren Ekippe vu Leit a mat Hëllef vun Algorithme géif schaffen, fir Hatespeech, Diskriminatioun a sougenannte Fakenews vun de Sitten ze verbannen. An der Kommissioun sinn doriwwer vill Kriticken opkomm, dat, well d'Methoden nëmmen





deels funktionéieren, et net genuch Contentmoderatoren gëtt, d'Algorithmen onzouverlässig sinn an net séier an net wäit genuch gehandelt gëtt.

D'„Big Tech“, wéi dës Firme genannt ginn, géife sech an déi falsch Richtung entwéckelen, an d'Zäit vun der Selfregulation wier elo eriwwer. Et dierft ee sech och net méi weider hanner engem Recht op Meinungsfräiheet, Meinungsäusserung verstoppen. Et misst elo endlech eppes geschéien.

Ma och all Mënsch, deem um Internet ënnerwee ass, dee Saachen online setzt a mat diskutéiert, dréit eng Verantwortung. Och als déi Persoun, déi e Post mécht, muss sech assuréieren, dass et an de Commentairen ënnert dem Post net zu Hatespeech an Diskriminatiounen kënnt. Dat gëllt och fir Politiker, wéi dat scho genannte Beispill vun dem franséische Politiker weist, deem säi Recours op der Cour européenne des droits de l'homme jo och ofgewise gouf.

Här President, hei zu Lëtzebuerg gëllt d'Meenungsfräiheet. Dës ass an eiser Verfassung, awer och a supranationalen Texter wéi der Mëscherechtskonventionen consacréiert. Eis Verfassung seet: « La liberté de manifester ses opinions par la parole en toutes matières, et la liberté de la presse sont garanties, sauf la répression des délits commis à l'occasion de l'exercice de ces libertés. » „Sauf“, steet an der Constitution. Natierlech hunn ech e Recht op fräi Meinungsäusserung, mee och dat Recht huet seng Limiten. Et kann net sinn, dass duerch meng Meinung aner Leit diskriminéiert, diskreditéiert oder verletzt ginn.

■ **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Très bien!

■ **Mme Carole Hartmann** (DP).- Och déi aner Leit hu Rechter, notament d'Recht, net duerch Hate-speech insultéiert ze ginn. An et ass jidderengem seng Pflicht, dat Recht och ze respektéieren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Carole Hartmann** (DP).- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Hatespeech fält net ënner Meinungsfräiheet an Hatespeech ass och kee Kavaliersdelikt. Au contraire, Hatespeech an Diskriminatioun sinn hei zu Lëtzebuerg duerch de Code pénal strafbar, sief dat Diskriminatiounen opgrond vun enger Persoun hirer Ofstamung, hirer Hautfaarf, hirem Geschlecht, hirer sexueller Orientéierung, hirer Rass etc.

Zu wat Hatespeech oder Desinformatioun kënnen féieren, konnte mer alleguerten Ufank des Joers materieweise: Nodeems den deemolegen amerikanesche President seng Unhänger iwwert déi Sozial Medien ëmmer erëm mat falschen Informatiounen gefiddert hat an och dozou opgeruff hat ze reagéieren, ass et zum Stuerm op de Kapitol duerch seng Unhänger komm. Engem rezenten Artikel aus enger franséischer Tageszeitung no, sinn op dësem Dag bei dem sozialen Netzwierk, dat ech virdu schonn erwänt hunn, siwemol méi Signalementer wéinst Violence oder Incitation à la haine eragaangen wéi normalerweis - 4.000 Stéck pro Stonn wéinst Desinformatioun!

Kolleeginnen a Kolleegen, et muss keng wichteg Instanze gestiermt ginn, fir d'Gravitéit an d'Ausmooss vun Hatespeech ze erkennen. Ech hat lech vun der Entrevue mat den dräi Big-Tech-Firmen erzielt. Während dëser Diskussioun huet eng Damm aus der Kommissioun dorop opmierksam gemaach, dass alles, wat online ass, net just online bleift. Ëmmer méi oft géif si an hirer Communautéit Geschichten héieren, wou ganz besonnesch Kanner duerch Haass, deem um Internet verbreet oder u si gericht gëtt, och an der richteger Welt ënner de Konsequenzen heivunner leiden. Si huet vu selbstverletzendem Verhalten, vun Depressiounen a vu Kanner geschwat, déi sech eidel spieren a wou d'Familljen net méi wëssen, wéi se deene Jonke sollen hëllefen.

An och hei muss een net bis an Amerika goen, fir sech dëser Saach bewusst ze ginn, mee et ass ee gutt Beispill dofir, wéi weltwäit verbreet dës Problematik ass.

Och hei zu Lëtzebuerg si Kanner, och schonn am jonken Alter, ëmmer méi vun dëser Thematik betroff. 2020 sinn insgesamt 454 Appellen an 351 Demanden iwwer Internet bei der Bee Secure Helpline eragaangen, ënner anere wéinst Harcèlement en ligne oder Contents racistes, révisionnistes et discriminatoires. Och de Kanner-Jugendtelefon verzechent eng Hausse bei den Telefonen, déi si dat lescht Joer an deem Kontext kritt hunn, a stellt gläichzäiteg fest, dass d'Haaptsubjete vun den Uriff sech och ëm déi mental Gesondheet dréien.

Den Hatespeech fënnt, laut Kanner-Jugendtelefon, a kombinéierter Form statt: D'Grenze vum Internet an der Welt dobause léise sech ëmmer méi op. Dës Evolutioun mécht d'Situatioun fir d'Affer ëmsou méi belasschend.

Här President, wann een iwwer Hatespeech schwätzt, dann dierf een eppes net vergiessen: Egal, wie cibléiert ass, ob eng Eenzelpersoun oder e Gruppement, ob jonk oder alt, hanner all Ecran sëtz hannen um Enn iergendwou e Mënsch. E Mënsch

mat Gefiller an Emotiounen. Déi verschwannen net, wann een den Ecran ausmécht. Déi droen Affer vun Hatespeech och am Alldag ëmmer mat sech ronderëm. D'Initiativ respect.lu - och scho genannt - setzt sech an, fir géint Hatespeech virzegoen, mee stellt awer och d'Fro, wéi an Zukunft déi stroferechtlech Konsequenze kéinten ausgesinn.

Effektiv hu sech an de leschte Joren eng sëllege Leit wéinst Incitation à la haine oder à la violence viru Geriicht musse verantweren an et ass och ëmmer zu Verurteilungen opgrond vun Hatespeech am Netz komm. Net méi spéit wéi elo am September sinn hei zu Lëtzebuerg dräi Ugekloter wéinst Incitation à la haine a rassistesche Bemerkunge viru Geriicht bestrooft ginn: dräi Méint Prisong op Sur-sis, Therapie a Geldstrofen tëschent 1.000 a 1.500 Euro.

Ma de Wëllen, fir ze handeln an dem Problem engéintzewierken, bleift grouss. Mëscherechts-widdreg Inhalter verbreet sech ze séier an Desinformatioun an Hetz droen ëmmer méi zur gesellschaftlecher Spaltung bäi. Eng Etüd, déi op Uerder vum Europaparlament gemaach a schonn am Juli 2020 verëffentlecht gouf, confirméiert dat. Ech zitéieren: « L'étude soutient que les discours et les crimes de haine empoisonnent les sociétés car ils menacent les droits individuels, la dignité humaine et l'égalité, renforcent les tensions entre les groupes sociaux, perturbent la paix et l'ordre public et mettent en péril la coexistence pacifique. »

Schonn 2018 hat déi Europäesch Kommissioun Recommendationen erausginn, fir géint „Contents illicites en ligne“ virzegoen. 2020 huet dunn d'Europaparlament eng Resolution iwwert d'Services numériques a Relatioun mat den Droits fondamentaux ugeholl, wou festgehal gëtt - an ech erlabe mer, hei nach eng Kéier ze zitéieren -: « Le parlement juge indispensable d'harmoniser et de clarifier intégralement les règles au niveau européen sur la responsabilité, en vue de garantir le respect des droits fondamentaux et les libertés des utilisateurs dans l'ensemble de l'Union. »

Als DP si mir houfreg, si mir dofir och frou, dass d'Europäesch Kommissioun elo mat dem neien Digital Services Act - deem ass och scho genannt ginn - ënner anere geziilt probéiert, Reegelen fir d'Plattformen an Internetdëngschter festzehalen an e sécheren a respektvollen Ëmgang am Internet ze assuréieren.

Eenzel Länner, wéi beispillsweis Däitschland, hu scho weider Upassunge bei de Gesetzter virgeholl, sou zum Beispill mat der Aféierung vun engem Netzwerkdurchsuchungsgesetz, wat quasi just fir sozial Netzwierker gëllt a wou d'Bedreiwer vun de jeeweilegen Internetsitten an hir Responsabilitéit geholl ginn, fir stroferechtlech relevant Inhalter ze moderéieren an, jee no deem, och ze läschen.

Ma och hei zu Lëtzebuerg hu mir glécklecherweis schonn eng Instanz, déi sech dëser Responsabilitéit op nationalem Niveau ugeholl huet: De Service national de la Jeunesse, SNJ, ass nämlech verantwortlech fir d'Koordinatioun vun der Initiativ Bee Secure, déi d'Regierung am Joer 2010 an d'Liewe geruff huet.

D'Zil vun dëser Initiativ ass et, eng sécher a positiv Notzung vun den neien Informationstechnologien ze fërderen a geziilt géint Abusen am digitale Raum virzegoen. Zesumme mam Kanner-Jugendtelefon, der Police, der Justiz an der Lëtzeburger Agence fir Cybersécherheet offréiert den SNJ, ënnert dem Schierm vum Bildungsministère, dofir eng grouss Palett u Services, déi de korrekten a responsablen Ëmgang mat den neie Medien fërdere sollen. Et ass wichteg, eis Kanner esou fréi wéi méiglech iwwert d'Risiken an déi potenziell Gefore vun der digitaler Welt opzeklären. Bee Secure publizéiert dofir reegelméisseg Informationsbroschüren a praktesch Guidé fir Kanner a Jugendlecher iwwert Theeme wéi Cybermobbing, Hatespeech, Fake news an Date-sécherheet.

Donieft sinn d'Ekippe vu Bee Secure awer och an de Lëtzeburger Grondschoulen a Lycéeën ganz aktiv an offréiere speziell Trainings fir Schüler ab dem Cycle 3.1. Am Secondaire ginn dës Trainings iwweregens Pflicht op alle Septièmesklassen. D'Nofro fir dës Schoulung ass iwwert déi lescht Jore ganz staark geklommen: 2018 huet Bee Secure ronn 1.000 Trainings absolviéiert, dat sinn der méi wéi dräimol esou vill wéi nach 2010.

Och am Beräich vun der nonformaler Bildung offréiert Bee Secure gratis Workshopen iwwert den Ëmgang mat den neien Technologien, wéi zum Beispill an de Maisons relais oder och an de Jugendhaiser.

Nieft deene Jonke gehéieren awer och d'Elteren, d'Senioren an d'Léierpersonal zu den Hauptzielgruppe vu Bee Secure. Sou kënnen d'Senioren zum Beispill u Konferenzen iwwert d'Basics vum Internet deel huelen an d'Enseignanten u spezifesche Weiderbildungen iwwert den digitalen Unterrecht.

All Joer entwéckelt Bee Secure ausserdeem eng Opklärungscampagne fir de Grand public. 2019 war

et zum Beispill d'Campagne „#checkyourfacts - Gleeft net alles um Internet!“

D'Zil dovunner war et, d'Bierger iwwert d'Thema vun der Desinformatioun, also der Verbreedung vu falschen Informatiounen um Internet opzeklären.

D'Sensibiliséierung spillt eng absolut Schlësselroll, wann et drëms geet, déi Jonk sou gutt wéi méiglech op eng digital Zukunft ze preparéieren. Engersäits musse mir hinnen déi néideg Kompetenzen vermëttelen, déi si fir de séchere Gebrauch vun den neien Technologie brauchen, an anerersäits musse mir hinne bäibréngen, manéierlech a respektvoll mat hire Matmënschen ëmzegoen, och a virun allem am virtuelle Raum.

Spéitstens säit der Publikatioun vum sougenannte Mediekompas an der Aféierung vum Coding an de Grondschoulen ass d'Vermëttlung vun den digitale Kompetenzen fest am Unterrecht verankert. Den Educatiounsministère huet während dëser Legislaturperiod eng ëmfaassend Strategie op d'Bee gestallt, fir de Lëtzeburger Schoulsystem ze moderniséieren respektiv ze digitaliséieren. Et huet een den néidege Kader geschaaft, fir d'Ëmsetzung vun engem effikasse Medienunterrecht ze garantéieren.

Nieft der Mise en place vu proaktive Preventiouns-moossnamen ass et allerdéngs och wichteg, eng effikass Prise en charge vun den Affer an den Zeie vun digitaler Gewalt ze assuréieren. Déi Jonk brauchen eng zentral Ulfstell, un déi si sech bei Problemer an der Onlinewelt kënnen wenden, eng Kontaktpersoun, déi hinne mat Rot an Äntwert zur Säit steet.

An och hei si mir zu Lëtzebuerg mat den Acteuren vu Bee Secure gutt opgestallt: Op där enger Säit hu mer do d'Bee Secure Helpline, eng anonym, vertraulich a gratis Berodung iwwer Telefon, op där anerer Säit d'Bee Secure Stoptine, eng Méiglechkeet, fir illegalen Texter, Biller a Videoen ze mellen, déi entweder op Foren, Websäiten oder sozialen Netzwierker fonnt ginn. Dës Meldunge ginn da vu Bee Secure gepréift a wann néideg och un d'Police oder d'Justiz weitergeleet.

De Kanner-Jugendtelefon an de Centre pour l'égalité de traitement sinn zwou weider Instanzen, déi den Affer an Zeie vun Hatespeech zur Säit stinn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, eis Sprooch schaaft eis Realitéit: All Wieder, déi mir benotzen, kreéiere bei eisem Gégeniwwer e Bild, a mat dësem Bild och eng Emotioun. Dofir ass et wichteg, dass mer eis Sprooch och bewusst iwwerdenken, fir dass se net genotzt ka ginn, fir tëschent de Mënschen Zwispalt a Konflikt ze streeën an Diskriminatioun an Haass ze verbreed.

De Kampf géint den Hatespeech huet an der DP schonn eng laang Geschicht. Déi fréier Presidentin vun der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe Anne Brasseur ass 2016 zur Ambassadrice vum Mouvement contre le discours de haine ernannt ginn. Déi Jore virdu hat si sech scho laang géint den Discours de haine a fir d'Affer vum Hate-speech agesat.

Et ass och opgrond vun hirem Asaz, dass eng Journé européenne des victimes de crimes de haine um Datum vum 22. Juli agefouert ginn ass. Wéi d'Anne Brasseur deemools, gleewe mir och haut, dass d'Prinzipie vun der Demokratie an de Mëscherechter essentiell sinn, fir fräi kënnen ze liwwen. D'Anne Brasseur ass mam gudden Beispill virgaangen an et ass un eis, seng Iwwerzeegungen haut och weiderzeféieren.

■ **M. Guy Arendt** (DP).- Très bien!

■ **Mme Carole Hartmann** (DP).- Den Hatespeech huet an eisem Discours, an eisem Ëmgang ee mat deem aneren näischt verluer, weeder online nach offline, net haut an och net muer. D'DP weist dem Hatespeech dofir déi Rout Kaart a wäert sech och weiderhi resolutt géint all Form vun Haass asetzen.

An deem Sënn géif ech och gären eng Motioun arechen, déi eise Wëllen, dës Problematik unzepaken, nach eemol soll ënnersträichen, fir dass mir och weiderhin alles dorunner setzen, géint den Hatespeech a géint d'Diskriminatioun an eiser Gesellschaft virzegoen.

Dës Motioun, Här President, ass vun de Majoritéitsparteien ënnerstëtzt.

#### Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que le discours de haine, qu'il soit en ligne ou hors ligne, est un phénomène particulièrement préoccupant* ;

- *considérant la résolution du Parlement européen du 20 octobre 2020 sur les services numériques, et dans laquelle le Parlement juge indispensable d'harmoniser et de clarifier intégralement les règles au niveau européen sur la responsabilité, en vue de garantir le respect des droits fondamentaux et les libertés des utilisateurs dans l'ensemble de l'Union* ;

- *saluant les initiatives prises par le Gouvernement en matière de campagnes annuelles de sensibilisa-*

*tion et d'information, telles que la campagne « Share Respect - Stop Online Hate Speech » ;*

- *saluant la coopération du Gouvernement avec le Conseil de Presse en septembre 2017 pour l'établissement d'un guide de bonne conduite (www.netiquette.lu) pour les utilisateurs en ligne* ;

- *approuvant également les formations formelles et non-formelles de « Bee Secure » destinées à la prise de conscience, l'éducation, la sensibilisation et la prévention pour les enfants et les jeunes ainsi que les parents et le personnel éducatif* ;

- *saluant la participation du Gouvernement à la campagne « No Hate Speech Movement » du Conseil de l'Europe en 2017* ;

- *considérant l'introduction en 2020 du « Medienkompass » (edumedia.lu) avec, entre autres, ses champs de compétence « cybermobbing » et « hate speech » ainsi que l'encodage et le raisonnement algorithmique* ;

- *considérant l'instauration du cours Sciences numériques en tant que projet-pilote dans les établissements d'enseignement secondaire dès la rentrée 2021/22* ;

- *consciente du nombre croissant de signalements pour discours de haine auprès de l'initiative « Bee Secure Stoptine »* ;

- *considérant que les propos haineux sont incriminés par le Code pénal,*

*invite le Gouvernement*

- *à poursuivre ses efforts en matière de sensibilisation, prévention et intervention pour lutter contre le discours de haine, en particulier dans les environnements en ligne* ;

- *à promouvoir une communication non-discriminatoire, inclusive et juste sur les réseaux sociaux* ;

- *à poursuivre les efforts pour promouvoir une compréhension et un usage raisonné des nouveaux médias à tous les niveaux d'enseignement (Medienkompass, Digital sciences, ...)* ;

- *à maintenir et renforcer sa collaboration avec la société civile proposant des offres pertinentes dans le domaine du discours de haine (Zentrum fir politesch Bildung, respect.lu, Bee Secure ...)* ;

- *à promouvoir une politique de « tolérance zéro » à l'encontre de discours de haine* ;

- *à élargir l'offre des formations continues dans la matière pour le personnel enseignant, socio-éducatif et bénévole du domaine de l'enfance-jeunesse* ;

- *à mettre davantage l'accent sur les besoins des victimes et assurer une collaboration étroite entre la police, le parquet et les services destinés à l'aide aux victimes* ;

- *à mettre en place des programmes spécifiques visant à la responsabilisation des auteurs de discours de haine.*

(s.) Carole Hartmann, Dan Biancalana, Stéphanie Empain.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Madamm Hartmann.

■ **Mme Carole Hartmann** (DP).- Domat wier ech um Enn vu menger Interventioun. Et ass e wichtige Sujet an et ass och wichteg, dass mir hei ëmmer erëm iwwert den Hatespeech schwätzen, eis Erfahrungen op den Dësch bréngen an all zesummen no weidere Léisunge sichen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Madamm Hartmann. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Dan Biancalana** (LSAP).- Merci, Här President. “Hate speech is an abuse of freedom of expression. When the unacceptable starts to be accepted, becomes the norm, there is a true threat to human rights”, sot den Thorbjørn Jagland, dee bis 2019 Generalsekretär vum Conseil de l'Europe war.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et gëtt eng ganz Rei Definitiounen oder Approch vum Definitioune ronderëm den Hatespeech. An d'UNO definéiert den Hatespeech als all Typ vu Kommunikatioun, verbal oder schrëftlech, déi en Ugrëff oder e pejorativen oder diskriminatoresche Langage benotzt. Dëst muss da géint eng Persoun oder e Grupp vu Persounen goen, an dat opgrond vun hirer Identitéit, hirer Relioun, hirer eethnescher Ofstamung, hirer Nationalitéit, hirer Rass, hirer sexueller Orientéierung, hirer Hautfaarf, hirer Ofstamung, hirem Sexe oder all anere Element, dat hir Identitéit ausmécht.

Op europäeschem Niveau ass eng vun deene fundamentaalste rechtliche Quellen d'Mëscherechtskonvention, déi besonnesch an der aktueller Pandemie ëmmer méi wichteg gëtt. Dës Konvention gesäit am Artikel 14 e Verbuet vun Diskriminatioun opgrond vun verschiddene Charakteristike vir, wéi zum Beispill opgrond vun enger Rass oder enger Hautfaarf.





Op nationalem Niveau steet d'fräi Meenungsäusserung sécher an eiser Verfassung, an den Hate-speech, also d'Incitation à la haine, ass nom Lëtze-buerger Stroferecht strofbar, wann zwee Elementer zesummekommen; an d'Stéphanie Empain ass vir-drun op déi zwee Elementer agaangen.

Woubäi ee muss awer och bemierken, dass net all Hatespeech direkt Hatespeech am juristesche Sënn ass. Hatespeech kritt eng juristesche Dimension, wa Publikatiounen d'Lieser dozou incitéieren, Persounen oder eng Grupp vu Persounen ze haassen.

Et gëtt ganz sëllege Jurisprudenzen a Fäll ze erwänen, besonnesch well dat d'Realitéit vum Hate-speech nach eng Kéier ënnersträicht.

Zum Beispill gëtt et hei zu Lëtzebuerg Jugementer, déi mat Hatespeech géint verschidden Nationalitéiten ze dinne haten. Virun allem beträff waren hei auslännesch Matbierger am Allgemengen, Persounen mat donkeler Hautfaarf, Persounen mat jiddeschen Originnen, Persounen mat verschidde reliéis Zougehéieregkeete souwéi och homosexuell Persounen an och Fraen am Allgemengen. Dat ass och virdu scho gesot ginn.

Et dierf deemno awer och gesot ginn, dass eis Lëtzebuurger Justiz, dass eis Gerichter net ontäteg sinn, wat d'Verurteilung am Kontext vum Hate-speech ugeet. A statistesch gesinn huet et schonn eng Unzuel vu Verurteilungen 2020 hei am Land stattfonnt, awer och eng Rei Fräispréich. An der Press konnt een also och an deene leschte Méint, a bis viru Kuerzem, Artikeler liese vu Verurteilungen an awer och vun Acquittementer.

An um europäeschen Niveau, wann een e Bléck dorop werft, ass d'Jurisprudenz zimmlech voluminéis. An hei intervenéiert virun allem d'Europäescht Mënscherechtsgericht, wou mir direkt bei enger vun deene groussen Erausforderunge beim Hate-speech sinn: d'Balance tëschent der Expressiouns-a Meenungsfreiheet an dem Hatespeech. Déi richteg Balance, den Equilibre ass immens schwéier ze fannen.

An der Realität ass et och esou, dass vill Täter als Defense, als Verteidigung, an der Ausübung vun hirer Verteidigung d'Liberté d'expression benotzen als Hauptargument, wat natierlech dann och zu gerichtlechen Affäre féiert. Mee déi Liberté d'expression, déi ass ganz kloer kee Fräifaartschäin. "Hate speech is an abuse of freedom of expression", sot den Thorbjørn Jagland; ech widderhuelen et hei nach eng Kéier ganz gären.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana (LSAP).** - Generell ass d'Expressiouns- an d'Meenungsfreiheet e wichtegen Deel vum Fundament vun all Demokratie, besonnesch bei der politescher Expressiounsfreiheet. Et huet awer gradesou Limiten an et muss och d'Recht sinn, dat suergfältig anzegrenzen. A genee do ass dann och d'Hoer an der Zopp ze fannen: Wou hält dës Freiheet op a wou geet den Hate-speech un?

Här President, ass den Hatespeech eng onausweechelech Konsequenz vun enger Demokratie? Hei muss ech ganz kloer mat Nee drop äntweren! Fir d'LSAP ass genau den demokratesche Charakter vun eise System, an deem mer liewen, e Verstärker - e Verstärker a kéint als Verstärker also geholl ginn effektiv vis-à-vis vum Hatespeech.

Well all Mënsch sech fräi ausdrécke kann, ass et warscheinlech, dass een natierlech mat Usiichte konfrontéiert gëtt, déi engem net gefalen. A verschidden Usiichten, déi kënnen een irritéieren, déi maachen eis risen, mee si kënnen eis awer och verletzen a si kënnen och geféierlech sinn. D'Motiver derfir si villfältig a kënnen och ganz kloer zu der Spaltung vun der Gesellschaft bäidroen.

Et ass gewollt, a mir kënnen ëmmer erëm liesen, dass an de soziale Medien, wéi op Facebook, Twitter, Instagram, e Post oder eng aner Form vu Publikatioun ka Reaktionen erviruffen. Da geet et ëm rassistesch, homophob oder xenophob Kommentaren, wou Persounen direkt ugegraff ginn a wou effektiv Kommentaren erfolgen, wou eng ganz Grupp vu Persounen a Mënschen iwwert déi Publikatiounen ugegraff ginn. Do muss ee sech och d'Fro stellen: Wat motivéiert déi Leit? Wat sinn d'Grënn, dass se iwwerhaupt esou e Verhalen un den Dag leeën?

An déi Grënn si ganz verschidden. Dat kënnen sozial Hannergrënn sinn, perséinlech Erfarungen - et ass virdrun hei vu Frustréierung ginn -, awer och politesch a reliéis Divergenze bis hin zu enger Aversiou, déi ee kann hu vis-à-vis vun engem Grupp vu Leit respektiv awer och vis-à-vis vun Eenzelpersonen.

An och, wann een um Internet ënnerwee ass, muss ee sech bewusst sinn, dass dat kee rechtsfräie Raum ass! Den Internet ass keng Insel. Och do gëtt et Reegelen, déi ze respektéieren sinn. An ausserdeem dierf een och net hei op den - ech géif et emol esou nennen - Mythos vun der Stroffreiheet a vun der Anonymitéit erafalen, well déi ass an deem Sënn och net ëmmer ginn.

Et gehéiert awer och deemno zum Zivilcourage - jo, zum Zivilcourage -, fragwürdeg Inhalter ze mellen, well Hatespeech ka jiddweree vun eis treffen. Vun der Motivatioun emol ofgesinn, muss ee sech och mat der Responsabilitéit vun de Plattformbedreiwer vun de soziale Medien auserneeetzen, wat esou Kommentaren ugeet.

An de soziale Medie kënn et verstärkt zum Cyberharcèlement, deen d'Form vum Hatespeech och kann unhuelen. Besonnesch tëschent méi jonke Matbierger ass dës Phenomeen och verstärkt ginn. An ech mengen, et gesäit een dat och bei deene verschiddenen Associatiounen, déi hei zu Lëtzebuerg aktiv sinn, respect.lu, Bee Secure, CET, mat deene mer Entrevuen haten, déi eis dat bestätegt hunn.

An dofir, mengen ech, missten och fir d'LSAP d'Plattformbedreiwer verstärkt legal obligéiert ginn, fir als Gatekeeper ze agéieren. Dat ass schonn a Länner, virun allem an eisen Nopeschlänner, an Däitschland an och a Frankräich. Et kéint ee sech also och un hinnen inspiréieren. An d'Medien droen also an deem Kontext eng Responsabilitéit beim Vehiculéiere vun och esou fragwürdegen Norichten. An do ass och ganz kloer d'Netiquette, déi vum Conseil de presse an och vu Bee Secure ausgeschafft gouf, an deem Sënn eng ganz wichteg Guideline.

An och hei komme mir op eng fundamental Problematik zrëck: d'Balance tëschent der Meenungs- an Expressiounsfreiheet an dem Hatespeech. Wou hält déi eng Freiheet op a wou fänken d'Restriktiounen vun deem aneren un? Dat ass net ëmmer einfach ze beäntweren.

Et muss ee sech bewusst sinn, dass den Hate-speech en Impakt op d'sozial Kohäsioun an eiser Gesellschaft huet. Hatespeech - ech hunn et virdu scho gesot - dréit zur Spaltung bäi. Et ass also immens wichteg, geziilt géint Desinformatioun virzegoen.

Haaptäschlech ass d'Liberté d'expression awer net eng Freiheet ouni Konditiounen oder ouni Limiten. Genee dës gesäit den Artikel 10 vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun vir. Et ass legal méiglech, dës Freiheet ënner Formalitéiten, Konditiounen, Restriktiounen oder souger ënner Sanktiounen ze setzen, dës zum Beispill, wann et an enger demokratescher Gesellschaft néideg wier.

Parallél muss een awer och den Artikel 17 vun der Konventioun liesen, deen all Aktioun verbitt, déi een anert Recht aus dëser Konventioun zerstéiert. Also hei, mengen ech, ass wéi gesot d'Komplexitéit vun der Analys.

Dës Freiheet kennt natierlech och Obligatiounen an eng Responsabilitéit fir déi Leit, déi se ausüben. Obwuel et e fundamentaalt Recht ass a wichteg fir eis Gesellschaft ass, dierf een net ignoréieren, dass dës, wéi och all aner Freiheet, do ophält, wou se aner Freiheeten ugräift. Et geet hei virun allem ëm Wieder a wéi wäit d'Muecht, den Impakt vun deene Wieder och reeche kann.

An da si mer ganz kloer och bei der Responsabilitéit vun ëffentleche Persounen, vu Persounen, déi en ëffentlecht Amt hunn. An dës Persounen - an ech zielen eis alle 60 dozou an och, mengen ech, alleguerten déi Leit, déi en ëffentlecht Mandat hunn - hunn eng Virbildfunktioun vis-à-vis vun eise Bierger an hunn och en Afloss, dee se ausüben kënnen. Also effektiv misste mer eis och an deem Kontext virbildlech behuelen, wat awer, wéi mer dat wëssen, an der Vergaangenheet an och aktuell gesinn net ëmmer de Fall ass.

An hei kann een - an et ass schonn e puermol drop agaange ginn - déi rezent Jurisprudenz effektiv als Beispill huelen a Frankräich, wou et och en nationaalt Urteel gouf vis-à-vis vun engem franséische Kandidat. An dat nationaalt Urteel gouf och vum Europäesche Gerichtshaff confirméiert.

Als Politiker ass een e wichtege Bestanddeel vun der Demokratie. Et ass ee vum Vollek gewielt. A genau dës Vollek soll een esou gutt wéi méiglech vertrieeden an och beschützen an net zum Haass géint aner Mënschen opwiegelen. D'Liberté d'expression, d'mënschlech Dignitéit an den tësche-mënschleche Respekt sinn den A an O vun all moderner a gerechter Gesellschaft. An als esou ee Vertrieeder, als Mënschevertrieeder misst een aktiv géint all Form vun Hatespeech virgoen, besonnesch wann een den aktuelle Kontext vun der Pandemie betruecht, mee och ausserhalb dovun misst et eng vun den Haaptaufgaben de Politiker sinn an och vun all Partei, fir sech aktiv derfir anzusetzen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana (LSAP).** - Mir wëssen awer och op där anerer Säit, dass och vill Politiker Affär gi vun Droungen, vun Haass, vun Ufeindungen. An och dat ass net ze toleréieren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana (LSAP).** - Här President, den Hatespeech kann immens schlëmm, dramatesch Follge fir seng Affär hunn, vu psychologesche Problemer bis kierperlech Selbstverstümmelung. D'Affär

fer kënnen vun allen Alterskategorie sinn an all Sexe ka vertruete sinn. Déi betraffe Persounen kënnen sech oft och einfach net méi virstellen, dass si Affär vun Haass a Gewalt goufen, well si nëmmen eng Foto oder eng Ausso op Facebook gemaach hunn.

Dofir, mengen ech, ass et gradesou wichteg, dass mer Associatiounen hu wéi respect.lu a Bee Secure, déi déi Affär opfänken. Mir kënnen hinnen iwwert deen dote Wee eng Ulafstell ubidden, hinnen nolauschten a si verstoen, hinnen hëllefen, aus enger schwieriger Situatioun erauszekommen, a si fir d'Zukunft begleeden, hinnen e Rotschlo ginn a si virun allem orientéieren, fir aus all méiglechem Trauma an och Schamgefill erauszekommen.

D'Zuel vu gemellten Inhalter bei der Bee Secure Stopline war 2020 bei 292 Meldungen. Dovunner sinn der ganzer 240 un d'Police weidergeleet ginn. Dat sinn der ganz vill! D'Interventioun vun den zivilen Associatiounen also um Terrain dréit hir Friichten, si si present. An dat ass och ganz gutt esou. An ech sinn och immens frou, dass mer wierklech engagéiert professionell Servicer hunn, déi sech deene Leit unhuelen a sech och fir se asetzen. Et ass och wichteg, solidaresch ze si mat den Affär vun Hatespeech, well mer wëssen - an ech hat et virdu gesot -, mat Wieder kann ee wéiden a mat Haass nach vill méi.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana (LSAP).** - Den Affär an de Bierger am Allgemenge kéint och gehollef ginn, andeems se weider op hir Rechter opmierksam gemaach ginn. Dës kéint een natierlech och mat Hëllef vun Informatiounscampagnen un de Bierger maachen, wou och muss kloergemaach ginn, dass Hatespeech inakzeptabel ass, an hinnen och erkläert gëtt, wéi se geziilt kënnen virgoen, effektiv wéi si och selwer am Kampf, an der d'Lutte géint den Hatespeech kënnen aktiv ginn.

Mir müssen also mat Informatiounen géint Desinformatioun, Stigmatisatioun a Stereotype virgoen.

Mir wëssen awer och op där anerer Säit, dass et Täter gëtt. Si handelen aus deenen ënnerschiddlechste Grënn, mee oft gëtt et en Hannergrond oder e spezifische Grund.

Mee besonnesch beim Hatespeech ass festgestallt ginn, dass oft emol d'Grenz tëschent Täter an Affär verschwommen ass. Et gëtt Täter, déi selwer emol Affär waren, déi eng Kéier an hirem Liewen onfair behandelt goufen an och Haass ausgesat waren. Dat schaaft dann och bei hinnen e Gefill vun Ongerechtigkeit. Mee dës ass awer och bäi Wäitem keng Excuse fir hiert Verhalen, och wa se aus dem Frust eraus handelen. Et muss een nämlech och an eiser Gesellschaft kënnen léieren, mat Frust ëmzegoen. Dat ass also, wéi gesot, kee Fräifaartschäin.

An och hei, mengen ech, sinn déi Associatiounen aktiv. Respect.lu setzt sech och fir eng Aart Deradikaliséierung an. Et soll een „dialogéieren amplatze haassen“, dat ass ee vun hire Programmes phares. An d'Täter sollen och do zur Selbstreflexioun effektiv ugereegt ginn an analyséieren, firwat si déi Motivatioun do vun Haass a vun Hatespeech un den Dag leeën. An et ass, mengen ech, schonn 2020 an de Plan d'action national d'intégration jo och mat integréiert ginn. An och déi Formatioun hei, déi respect.lu ubitt, ass jo e Complement zu all penaler Prozedur a kéint och, wéi gesot, weider ausgebaut ginn.

Et ass immens wichteg, dass mir als Lëtzebuurger Land de Kampf géint den Hatespeech aktiv uginne. Fir eist Land, dat mat senger demokratescher Diversitéit a senger Promotioun vu Valeur wéi Toleranz a Solidaritéit fir e friddlecht Zesummeliewe suert, ass et imperativ, géint den Haass virzegoen. Dofir mussen mer och konkret um Terrain agéieren. An do gëtt de Conseil de l'Europe eis eng ganz Rei Recommendatiounen, also eng Rei och konkret Léisungsvirschléi.

Eng vun deene Léisunge kéint d'Schafung vun engem Observatoire sinn, wou een och eng ganz Rei Date sammelt, eng Rei Statistiken an och Etüden an och Recherché ka maachen, fir eis méi e konkret Bild ze ginn. An da kéint och d'Politik nach méi geziilt agéieren.

Et geet awer net nëmmen duer ze soen, dass den Hatespeech schlecht ass. Et muss och en aktive Counterspeech - an et ass jo virdrun och dat Wuert gefall - zum Hatespeech entstoen, deen ënnersträicht, wéi esou dës Form vun Haass antidemokratesch ass, an deen iwwert deen dote Wee och kloer d'Mënscherechter ka stäerken. Et dierf kee Bierger Hatespeech toleréieren. Et ass jiddwerengem seng Responsabilitéit, ze agéieren an et net einfach esou geschéien ze loossen.

Als Bierger soll ee sech och solidaresch mat den Affär vum Hatespeech weisen. Ouni Solidaritéit erschafe mir nëmmen nach méi Haass an Ofleennung. An d'Coronapandemie huet eis gewisen, dass d'Solidaritéit immens present ass an der Gesellschaft. Leider huet se eis awer och gewisen, dass et Ausname gëtt.

An de Conseil de l'Europe, dee recommandéiert, dass mer och déi jonk Persounen an eiser Gesellschaft, déi jonk Mënschen op den Hatespeech opmierksam maachen an och si motivéieren, aktiv ze agéieren, och do duerch e fokusséierte Counterspeech bei deene Jonken effektiv anzewierken. D'Educatioun an d'Opklärung an der formaler an der nonformaler Bildung, an der Schoul, Maison relais, an de Jugendhaiser, do kann ee mat deene Jonke spezifesch Programmer maachen, fir se opzeklären, fir och hinnen ze weisen, dass et en antidemokrateschen Discours ass. An esou eng Educatioun, esou eng Approche kann ee maache mat ganz pedagogeschen Aktivitéiten: online Workshops, Bloggen, Social-Media-Posts, wou ee se och ganz kloer domadder sensibiliséiert an opkläert an och iwwer hir Rechter opkläert, an och natierlech Temoinagen eranhuele ka vu Mënschen, déi Affär goufe vun Hatespeech.

Här President, als Mënsch, als Individuum kann ee scho vill bewierken, wann een engem Affär e private Message schéckt an esou Solidaritéit weist an och Hëllef ubitt; e ganz einfache Gest. Dobäi kann een awer och Leit, an direkt aner Leit dozou motivéieren, aktiv géint Hatespeech virzegoen, besonnesch online wéi och offline.

Géint Hatespeech virgoen ass fir d'LSAP eng Saach vu kollektiver Responsabilitéit. All Bierger an enger demokratescher Gesellschaft huet d'Aufgab an d'Responsabilitéit, d'Dignitéit an d'Recht op Egalitéit ze respektéieren an et virun allem ofzesécheren.

Als Konkursioun Här President, géif ech gären ënnersträichen, wéi wichteg et ass, dass mir probéieren, esou vill wéi méiglech den Hatespeech ze ënnerbannen. Ob dat duerch legislatiivt Wierken, duerch Preventioun, duerch Sensibilisatioun oder aktiivt Handeln ass, spilt nëmmen eng ënnergeuerdnet Roll.

Mir müssen eis bewusst sinn, dass den Hatespeech an der mënschlecher Geschicht - an do gëtt et ganz vill Beispiller -, wann en net aktiv bekämpft gëtt, einfach gedeie gelooss gëtt, fatal Follge kann hunn. Ech wëll hei net op d'Beispiller agoen, Dir kennt se alleguerten. Dofir mussen mer zesammen e kollektiven Effort maachen. Et geet fir d'LSAP ëm e respektvollen Émgang mateneen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Biancalana. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Merci nach eng Kéier, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken do un elo, wou den Här Biancalana quasi opgehalen huet. "It started with words" - "Es begann mit Worten": Sou heescht eng digital Campagne, déi dës Joer vun Holocaust-Iwwerliwende lancéiert ginn ass. Et handelt sech heibäi ëm eng Opklärungscampagne, déi iwwer Momenter reflektéiert, déi zum Holocaust gefouert hunn, an doriwwer, wéi schnell et ka goen, dass aus haasserfëllte Wieder Gewalt dote ginn.

Et handelt sech heibäi ëm eng Opklärungscampagne, déi iwwer Momenter reflektéiert, déi zum Holocaust gefouert hunn, an doriwwer, wéi schnell et ka goen, dass aus haasserfëllte Wieder Gewalt dote ginn. An ech beméie ganz selten den Holocaust als Verglach zu iergendeppes, mee wa mer eppes aus der Geschicht geléiert hunn, dann ass et, dass Haass sech rasant schnell kann zu enger Katastroph entwéckelen. Haass an Haassried féieren zu Gewalt. An duerfir ass et ons Pflicht als Gesellschaft, awer och als Politiker a Politikerinnen, deem aktiv entgéintzewierken. A grad mir Politiker a Politikerinnen hunn do eng besonnesch Responsabilitéit.

Natierlech kann een net alles der Politik an d'Schong schiben, mee grad mir si gehalen, mam gudden Beispill virzegoen an net bewusst Ueleg an d'Feier ze schëdden. An natierlech och: Politik ass ëmmer e bëssen lelebougesspill, mee de Gros vun eis, mengen ech, bréngen et awer fäerdeg, mat eisen Argumenter ze schaffen. Leider kënn et awer och bei eis des Éftere vir, dass eenzelner sou ganz um Bord vum Verwerflichen agéieren, wouduerch anerer opgestéppelt ginn, déi sech da géigesäiteg héichschauken an hiren Aussoen. Och heibanne gëtt et Leit, déi et quasi zu hirem Geschäftsmodell gemaach hunn, hetzeresch Parolen online ze setzen, déi just drop ofzilen, Katzmännercher an déi frechst Remarken ze generéieren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Munchmol gëtt geläsch a moderéiert, meeschtens leider net. Ech kéint hei vill Beispiller uginne, fir dat ze illustréieren, zum Beispill den ominöse Muffel-Post, wou ee Representant heibannen an der Diskussioun ronderëm d'Muffelen zu lechternach e Facebook-Post gemaach huet, wou e Follgendes geschriwwen huet: „Muer ginn d'Muffelen zu lechternach op Uer-





der vun der Ëmweltministesch Carole Dieschbourg erschoss.“ Am Video, deen derzou gezwaft gi war, war d’Ëmweltministesch ze gesinn, wéi se bluttrënsteg Muffelen an d’Viséier hält a mat Rakéiten op se schéisst.

Bon, richteg problematesch ass et awer dunn ënnert dem Post ginn: Do huet sech dunn d’Crème de la crème ...

*(Brouhaha)*

... vun den Hater versammelt ...

*(Interruptions)*

*(Coups de cloche de la présidence)*

■ **Une voix.**- Sch!

*(Brouhaha)*

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Clement, d’Madamm Empain huet d’Wuert.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- An déi aner?

*(Brouhaha)*

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Dir sidd am häertsten, Här Clement.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Nee, ech hu just de Mikro ugemaach, fir dass et och am PV steet!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Deen am häertste jäitzt - an et ass dorëms gaangen -, deen hunn ech ernimmt.

*(Brouhaha)*

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Respektvollen Ëmgang!

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*).- Respektvollen Ëmgang.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Jo, Här Biancalana, ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Madamm Empain ...

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Ech wollt just nach eng kéier umierken: Mir schwätzen haut géint - géint! - Hatespeech, am Fong geholl net, ...

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Jo, an Dir schwätzt och net iwwer mech, dat wëll ech och just zu Protokoll ginn. Well ech hunn dee Post net ...

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Ma ech si jo nach net fäerdeg! Alles mat der Rou!

Mir müssen awer driwwer schwätzen! Mir müssen ...

*(Interruption par M. Sven Clement)*

Nee!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Also d’Madamm Empain huet d’Wuert, wannechgelift.

*(Brouhaha)*

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Ma da sot awer Äre Kollegen an der Majoritéit, si solle sech awer och e bësse packen!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Kënnst Der elo wannechgelift alleguerte fein a frëndlech matenee sinn? Ech wëll just, ...

*(Brouhaha)*

... a Rou, ...

■ **Une voix.**-... Fakten ...

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- ... op d’Fakten zrëckgoen. Mir müssen driwwer schwätzen, iwwer Saachen, déi geschitt sinn, an da kënnen mer et an Zukunft vläicht och besser maachen.

*(Brouhaha)*

De Problem war drënner, ënnert deem Post, wou sech d’Crème de la crème vun den Hater versammelt huet, fir der Ëmweltministesch all Zort vu Mëssgeschéck ze wënschen: Vu Fermer op den Deckel bis zu Morddrounge war erëm alles derbäi. An, jo, doriwwer dierf ee schwätzen.

Geläscht a minimal moderéiert ass eréischt ginn, nodeems d’Ministesch d’Justiz ageschalt huet.

An engem anere Beispill geet et ëm den ominéise Pappepost, dee geziilt géint déi gréng Justizministesch online gesat ginn ass, gefëllt mat Ligen a Falschinformationen an engem en plus falsche Kontext. Och dee Post hat just een Zil: Ressentimenten ze schüren. Och mat deem Post si Morddroungen an iwwelst Beschimpfunge getriggert ginn, an et war eiser Aschätzung no och esou gewollt. Déi sinn och net ewechgemaach ginn.

Déi Posts haten een Zil, a si hunn et net verfeelt. An et ass eng perfid a geféierlech Strategie an eisen Aen, sou um Bord vum Akzeptabelen d’Hënn lasszeloossen an duerno aus der Fotell nozekucken, wann den Haass säi fräie Laf hält.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Dat ass fir eis net akzeptabel. An ech denoncéieren heimat ganz kloer an däitlech dat systematescht Poste vu poleemeschen Texter mat räissereschen Iwwerschrëften, mat villen Ausruffzeechen a grousseroude Buschtawen. Ech denoncéieren dat Opbaue

vu Feindbillen. An ech denoncéieren och déi Strategie, Haass a Ressentimenter ze schüren, d’Leit gutt opzestëppelen an herno een op onschëlleg ze maachen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- An, jo, dat solle mer eis all zu Häerz huelen. Mer dierfen eis och roueg géigesäiteg kontrolléieren an éierlech matenee sinn.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Ech wëll awer och kloer soen, dass net jiddereen op der selwechter Ausgangspositioun steet. Et gëtt der, déi et vill méi néideg hu wéi anerer, deen Exercice fir sech ze maachen.

Esou ass et een iwwert d’Grenzen ewech beuechtent Phänömen, dass Hatespeech an déi Systematik, déi dohanner stécht, eebe ganz oft och vum selwechte politesche Bord kënnt.

A fir deen Exercice haut ze maachen, hunn ech mer zum Beispill emol ugekuckt, wat een op Säite vun AfD-Representanten esou zum Sujet Hatespeech fënnt. An do kommen am Fong geholl ëmmer an ëmmer erëm déi selwecht Aussoen: dass Hatespeech jo just de Begrëff vun der Lénker wär, fir hinnen e Maulkuerf unzedinn; dass mer mam Wonsch, Hatespeech ze ënnerbannen, jo just een Zil hätten - hir Meenungsfräiheet anzeschränken -, dass dat alles jo just subjektiv wär an ee jo awer nach e bësse Kritik misst aushale kënnen; dass Kritik jo nun emol onangeneem kéint sinn, ee se dofir awer net verbidden dierft; dass mer Gefor géife lafen, ënnert dem Deckmantel vun Hatespeech richt engere Cancel Culture an d’Gräpp ze lafen; an dass d’Zensur deen nächste Schrëtt wär.

An ech ka just hoffen, dass mer heibannen nach net op deem Punkt ukomm sinn, wou mer eis esou eng Verharmlosung vum Hatespeech müssen unhéieren.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Mee wéi erkennen ech als User an de sozialen Netzwierker oder ganz allgemeng och als Bierger dann esou Tendenzen? Wat ass nach normal? Wou fänkt et un, geféierlech ze ginn?

Vereinfachung a Poleemik gehéieren zum politesche Meenungssträit natierlech derzou. Populismus gehéiert also iergendwou och derzou. Awer soubal een d’Mënschen an „eis an déi aner“ spalt, da schwätzt ee vun ideologeschem Populismus. An domadder schüürt een Haass an et vergëft ee ganz bewusst den Dialog. Esou Parteien oder Gruppe vu Leit maachen, wéi wa si eleng géifen de richtege Wëlle vum Vollek kennen. Dat ass an deem Sënn ganz problematesch, well hir Unhänger domadder derzou geleet ginn ze gleewen, hir Meenung wär majoritär a si géifen ëm hiert Recht op d’Ëmsetzung vun hire Fuerderunge bedru ginn. Dëst fousst natierlech iergendwou och op engem mangelnden Demokratieverständnis, mee iergerlecherweis bitt dëst Denken dann och e gudden Nierbuedem fir Verschwörungstheorien.

*(Interruption)*

Et ass also net d’Tatsaach, dass eng Partei eppes a Fro stellt oder kritiséiert, mee et ass d’Tatsaach, dass se domadder oft mécht, wéi wa si eleng géif fir d’Vollek a senger Gesamtheit schwätzen, während all déi aner de Wëlle vun de Leit net géife respektéieren. Et ass deen Discours vum Vollek géint d’Elite, vum Gudde géint dat Béist, dee verlaangt, dass de politesche Géigner duergestallt gëtt, wéi wann en net zum Vollek géif derzougehéieren. An esou gi Feindbillen gestärkt a Frust generéiert.

Dëst also fir opzeweisen, wéi een och als Politiker oder als Politikerin e Klima schafe kann, an deem Hatespeech besonnesch gutt gedeie kann. Wa mer där Saach also aktiv wëllen entgéintwierken, da mussen mer se och méi breet upaken.

Da komme mer bei d’sozial Medien a wa mer vu Social Media schwätzen, denke mer hei zu Lëtzebuerg haaptsächlech u Facebook. Facebook ass e Konglomerat vu bal dräi Milliarden Notzer weltwäit a gehéiert an de meeschte Länner quasi zur ëffentlecher Grondversuergung un Informationen. Mer schwätzen hei ëmmerhin iwwert déi gréisste Kommunikationsboite an der Geschicht vun der Mënschheet.

An duerfir ass et wichteg ze verstoen, wéi Plattformen wéi Facebook funktionéieren, wéi eng Ziler se verfollegen, wéi se mat eisen Daten ëmginn a wéi eng Mechanismen am Spill sinn, fir eis quasi online an enger Bubble gefaangen ze halen. Déi meescht Leit kennen dat: dat Gefill, dass ee sech muss wierklech e Ruck ginn, fir net stonnelaang online festzehänken, well ee mat ëmmer neien Inhalter konfrontéiert gëtt.

An dat ass tatsächlech Absicht, well wa User méi laang online bleiwen, da verdéngen esou Plattformen méi Geld, andeems se hir Recetten aus Publicitéiten erhéije kënnen. Si hunn also e kloren Interessi

dru, Mënschen esou laang wéi méiglech am Netz ze halen. An duerfir gi geziilt Strategien ugewannt: Esou cibléiere si eis mat deenen Theemen, déi eis besonnesch opreegen, déi eis ureizen ze kommentéieren, ze interagéieren etc.

A fir dass dee System fonctionéiert, ass et fir si wichteg, genee op deenen Elementer ze schaffen, déi eis derzou verleeden, méi Zäit online ze verbréngen. A wat ass dofir méi zilféierend: nuancéiert Artikelen oder sensationsheeschend emotionalen Messagen, déi op rosen oder traureg Äntwerten aus sinn? An natierlech ass et Letzteres, well Mënsche reagéiere majoritär eebe besser op extreemem Inhalter.

An do spillen Algorithmen effektiv eng grouss Roll: Algorithmen maachen Haass siichtbar a se verbreedden en. Jiddefalls ass et aktuell esou, dass Algorithmen dem Negative vill méi Plaz loosse wéi dem Konstruktiven. Dat, wéi grad beschriwwen, aus ganz strateegesche Grënn.

An natierlech ass et wichteg, dass d’Zivillgesellschaft reagéiert, sech matabréngt an net just deenen den Terrain iwwerléisst, déi sech et anscheinend zum Liewensinhalt gemaach hunn, eis Diskussionskultur ze vergëften. Trotzdem mussen mer leider festhalen, dass dës Selbstregulatioun duerch d’Gesellschaft kaum Chancen huet ze funktionéieren, soulaang Algorithmen hinnen et schwéier maachen, sech mat hiren Argumenten an hire méi nuancéierten, vläicht och manner emotional geluedene Bäitrag Gehéier ze verschafen. A vu dass et méiglech ass, dat ze steieren, wann ee gesäit, dass et aus dem Rudder leeft, soll een dat och maachen.

Well et kann net sinn, dass sozial Medien, déi eigentlech d’Leit sollen zesummebréngen - se heesche jo vläicht net ëmsoss sozial Medien -, elo zu enger Plaz mutéieren, wou Extremismus sech vun der Basis hier organiséiere kann. A wa mer aktuell Gefor lafen, dass d’sozial Medien d’Fundament vun eisen Demokratien zerstéieren, dann dierfe mer dat deene Plattformen net duerchgoe loossen.

An et kann net sinn, dass dës Aufgab herno op d’User ofgewälzt gëtt. Tatsächlech gesi mer jo erfreelecherweis mëttlerweil ëmmer méi eng ganz Armada u Bierger, déi sech Zäit huelen, fir Desinformation an Haass am Netz och Paroli ze bidden. Mee dat ass net déi eenzeg Léisung fir de Problem. Déi muss vu bannent dem System kommen. Plattformen müssen ugehale ginn, transparent ze sinn an hirer Aart a Weis, wéi se mat eisen Informationen ëmginn. A se dierfen Affer vun Diffamationskampagnen herno net sech eleng iwwerloossen.

Aktuell ass et esou, dass Beträffener all eenzelne Bäitrag bei Facebook melle müssen, wa se e gewëssene Contenu gär géifen zrëckgezu gesinn. Sollt de Bäitrag effektiv geläscht ginn, sou bleift en awer op anere Plazen, wou e vläicht vun aneren Notzer gedeelt ginn ass oder vläicht och an enger zouener Grupp, weider stoen. A fir Beträffener wär et dofir och eng grouss Entlaaschtung, wann et net méi un hinne wär, fir dee Contenu reegelméisseg proaktiv sichen ze goen, ouni sech kënnen sécher ze sinn, dass en net awer nach iergendwou optaucht an erëm gedeelt gëtt.

An ech hu virdru vu Géigesteiere geschwat, an et ass effektiv héich Zäit, dass mer eis och e reglementairé Kader op EU-Niveau ginn, deen déi perversen Mechanismen dann och effektiv ënnerbënnt. An duerfir schafft d’EU grad un dem sougenannten Digital Services Act, deen drop aus ass, de gesamten Onlineberäich ze reglementéieren, fir fir e faire Wettbewerb ze suergen an demokratesch Wäerter am Netz ze garantéieren. De Volet vun de soziale Medien gëtt do explizitt och dran ugepaakt.

Wéi ech d’ënescht schonn ugedeit hunn, ginn eis Daten online a groussem Stil gesammelt. Si gi benotzt, fir eis mat konkretem Contenu ze viséieren, eis a gewëssem Mooss och auszetricksen an eis an eiser Bubble gefaangen ze halen. An dat schuet herno och dem Meenungsbildungsprozess, well mer just nach mat deem gefiddert ginn, wat souwéissou eise Vermuddungen entsprécht, an esou d’Welt just nach duerch e bestëmmte Brëll gesinn. An duerfir nach eemol: Et ass wichteg, dass mer dru schaffen, dës Genre vu Manipulationen an eiser digitaler Zukunft maximal ze reduzéieren. An heifir brauch et transparent Reegelen.

Bestätegt gëtt dat och duerch déi rezent Enthüllung vum der Whistleblowerin Frances Haugen, där hiert Wëssen ëm déi Methoden, déi ugewannt ginn, der EU grad elo extreem geleeë kënnt. Och si schwätzt sech fir eng vill méi staark Reguléierung aus, eebe well se net dru gleeft, dass déi Plattformen sech selwer reguléiere wäerten. Hiren Informationen no hält Facebook ganz bewusst a Kaf, dass iwwer hir Plattform geféierlech Inhalter verbreet ginn. Mat hiren Enthüllung gëtt si och Gewëssheet iwwert dat, wat mer bis elo ëmmer nëmme konnte vermudden, nämlech dass polariséierend Inhalter wéi Desinformation an Haass op Facebook vill méi staark a méi schnell verbreet gi wéi aner Messagen.

An duerfir müssen d’Demokratië sech hei aschalten. An d’EU kann hei effektiv een neie Moossstab setze fir sécherzestellen, dass d’Zukunft vun der Technologie ka mat demokratesche Wäerter an Aklang bruecht ginn. An duerfir huet d’EU-Kommission dem Europaparlament am Dezember d’lescht Joer och en entsprecheden Text virgeluecht, eeben de sougenannten Digital Services Act.

Och déi gréng Europadeputéiert an Expertin fir alles, wat déi digital EU-Politik ubelaangt, d’Madamm Alexandra Geese, verlaangt kloer no méi Transparenz: Internetfirmen müssen hir Algorithmen oppeleën an et ass primordial, dass se sech vun enger europäescher Opsiichtsinstanz kontrolléiere loosse. Well Plattformen, déi esou negativ Auswierkungen op eis Demokratie hunn, mussen siichtbar maachen, mat wéi enge Mechanismen se operéieren a wéi eng Krittäre spillen, fir Contenu ze verbreedden.

Fir et also nach eemol ganz kloer ze soen: Mir wëlle keng Zensur, mir wëllen Transparenz! D’Zil muss et sinn, dass sozial Medien net méi derzou bäidroen, déi demokratesch Konversatioun ze ënnergruween. Am Géigendeel: Se solle fair a respektvoll Kommunikatioun stäerken.

A wa mer de Problem wëllen op all Niveau ugoen, da schwätze mer natierlech och iwwer all dat, wat mer hei an der realer Welt kënnen maachen. An do ass d’Preventioun, wéi bei all Sujet, dee mer heibannen diskutéieren, den A an O. Egal ob doheem oder an der Schoul, ass et wichteg, dass nach vill méi drop gepocht gëtt, dass Hatespeech keng Banalitéit ass. Grad well mer wëssen, dass et mëttlerweil quasi normal ass, online verannant ze ginn, an dass d’Mënschen sech allgemeng schénge mat engem anere Peegel vun eigentlech intolerablem Verhalten arrangéiert ze hunn, mussen mer deem géigesteieren.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Well genee dat ass de Problem haut: De steigenden Niveau u Haass- a Gewaltundroungen huet herno och een Impakt op d’gesellschaftlecht Mateneen. An déi Normaliséierung dierf net sinn! Grad bei Kanner a Jugendlechen ass do enormen Informationsbedarf, an et kann een net genuch betounen, wéi wichteg et ass, si ze begleeden, mat hinnen ze schwätzen an hinnen ze weisen, wéi et anescht funktionéiere kann, ganz ouni Beleidegungen.

Mir dierfen och net vergiessen, dass grad jonk User staark vu Gewalt am Netz betrafft sinn. Dëst kann en enormen Impakt op d’Selbstwäertgefill vun de Kanner a Jugendlechen hunn. Et kann zu grave psychesche Konsequenzen féieren an et kann d’ganzt Liewen nohalteg negativ beaflossen. Duerfir ass et och wichteg, Elteren adequat ze informéieren, hinnen ze weisen, op wéi eng Alarmzeeche se solle reagéieren an hinnen ze weisen, wéi eng Ulafstellen et gëtt.

Eng gutt Ulafstell ass do zum Beispill Bee Secure, déi och ganz vill proaktiv ënnerwee sinn an enorm vill preventiv Aarbecht um Terrain maachen.

Natierlech huet do och d’Schoul, geneesou wéi déi nonformal Bildung, hir Roll ze spillen. Engersäits kann am schoulesche Programm derfir gesuergt ginn, dass iwwer eis Grondwäerter geschwat gëtt, dass séchergestallt gëtt, dass de Schoulprogramm de Wäert vun der Diversitéit an eiser Gesellschaft thematiséiert, an dass Verständnis fir gruppeniwwergräifend Kommunikatioun gefërdert gëtt. Anerersäits kann de Schoulprogramm grad och um Volet Desinformation schaffen, andeems ganz proaktiv de Kanner e kriteschen Ëmgang mat Meldunge bäibruecht gëtt an d’Aktualitéit och thematiséiert gëtt.

Elementar ass et, d’Bildungs- an d’Betrieungspersonal an hirer Grondausbildung wéi an hirer Weiterbildung op dës wichteg Missioun hinzewisen a Praxissen ze üben, fir dee richtege pedagogeschen Ëmgang heimat ze fannen. Nëmme esou kënnen mer eise jonke Matmënschen hëllefen, zu Bierger ze ginn, déi sech sécher a responsabel an engem Onlinefeld beweegen kënnen an déi op d’mannst d’Basics vun der sou wichtiger Medienintelligenz mat op de Wee kritt hunn. Sou stärker mer och d’Bierger vu muer, déi net nëmme capabel sinn, Desinformation, Verschwörungstheorien an extreem Meenungen ze erkennen, mee déi en plus staark genuch si fir ze konteren.

An am Kader vun de Reflexiounen ronderëm en Child Protection Officer an all Schoul wär et eiser Meinung no wichteg, och dësen Aspekt matzedanken a bei de Prozeduren an Ulafstellen den Online-, wéi Offline-Hatespeech, Sexting, Cyberkriminalitéit a sou weider aktiv matzedanken.

Natierlech geet et och drëm, eis Zivilgesellschaft ze stäerken. Et gëtt och eng Partie Organisatiounen um Terrain, déi sech genee deenen Ziler verschriewen hunn. Dës Organisatiounen gëllt et ze ënnerstëtzen an ech si frou, dass dat och ganz konsequent gemaach gëtt. Duerfir engersäits, wéi gesot, d’Aarbecht vu Bee Secure: Hir Aarbecht setzt op verschiddenen Niveaueu an a si bidde souwuel Angeboter fir méi Mediekompetenz an der Informa-





tiounen iwwer Cybermobbing, Hatespeech a sou weider.

Am Kader vun Hatespeech bidde si Berodung souwuel fir Kanner wéi och fir Elteren a schaffen domat souwuel preventiv wéi och fir d'Affer vun On-linegewalt. Sou hu si eng Helpline, un déi ee sech anonym a vertraulech ka wenden. A si hunn och eng Stopline, wou ee Contenu melle kann, wann ee Beweiser huet fir Hatespeech.

An hei wéilt ech och nach umierken zu den Zuelen, déi ech ganz am Ufank genannt hat, wat d'Denonciatiounen ubelaangt, dass ronn d'Hallschent vun deenen Denonciatioune vu Bee Secure gemaach ginn.

Da wär hei och nach d'Aarbecht vu respect.lu, déi nennenswäert as. Dës Struktur huet à la base d'Zil, Leit ze begleeten, déi, op wéi eng Aart a Weis och ëmmer, Extremismus a Radikalisatioun ausgesat sinn. Si hunn och ee Projet um Lafen, dee sech „Dialog statt Hass“ nennt. Dëse leeft elo uganks vun dësem Joer an ziilt drop of, mat Täter vun Haasskommentarer ze schaffen, mat hinnen iwwer bewosst Kommunikatioun ze schwätzen a se ze sensibiliséieren um Sujet vum respektvollen, net diskriminéierende Mateneen. Soumat bidde si och eng sozial a konstruktiv Äntwert op de Problem a kënnen och eng Alternativ bidden zu de Strofen, déi eventuell am Raum stinn.

Ma och d'Medien hunn hir Roll ze spillen. D'Press huet och eng ganz wichteg Roll, eebe beim Identifizéiere vun Hatespeech a beim Counterspeech, also der aktiver Konfrontatioun vu schiedlechen Inhalter. An dat gëtt zu engem ganz groussen Deel och scho gemaach. Déi nei Pressehëllef, déi virum Summer hei an der Chamber gestëmmt gouf, definéiert och verschidden Ufuerderungen a Krittären un d'Editureure vun Informationsmedien. An zu de Verpflichtunge gehéiert zum Beispill och d'Moderatioun vu Kommentarspalten. RTL huet sech fir seng Kommentarspalt jo och rezent nei Richtlinie ginn, wat den Ëmgang an deem Forum weesentlech verbessert huet. Dat huet een och gemierkt vun haut op muer, wéi déi Reegele geännert hunn, wéi dat wierklech méi agreabel war, do matzeliesen.

Trotzdem muss ee soen, dass den Discours op hire Social-Media-Präsenzen nach regelméisseg llicht derappéiert. Woubäi ech och muss soen, dass déi Leit, déi do Dag an, Dag aus musse moderéieren, mäin déifstend Matgefill hunn. Well et ass sécher net féerderlech fir den eegene Wellbeing, sech dat déi ganzen Zäit mussen unzeliesen.

Et wär, generell gekuckt, awer vläicht och nach wichteg, wann an deem Kader iwwert d'Kompetenze vun der ALIA géif nogeduecht ginn, virun allem och wat hir Méiglechkeet ze sanktionéieren ubelaangt, mee och, fir dass se méi verbindlech Recommandatioune kéinte formuléieren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Bon, ofschléissend wëll ech nach emol drop zrëckkommen, dass et net drëm geet, den Discours ze verzeren.

Kritik soll nach ëmmer méiglech sinn, och wa se ganz dättelech formuléiert ass. Fir eis gëllt: Wat mer op der Strooss net géifen zu engem soen, dat solle mer och net online schreiwen. A wa mer op der Strooss net géifen ewechkucken, wann ee beleidegt gëtt, da solle mer och online net ewechkucken. Well béid Situatioune si reell a béid hunn en negativen Effekt op d'Affer an à terme och op eis Gesellschaft

Kommt, mir loosse den Haass net onkommen-téiert am Raum stoen!

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Empain. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat, wéi d'Kolleegeen och, eng Ried virbereet. Mee ech hunn hei nogelauschtert an ech mengen, ech liesen déi net vir, oder nëmmen deelweis. Well ech mengen, et ass méi interessant, wa mer e bëssen dialogéieren a vläicht, wann ech op déi eng oder aner Bemierkung hei reagéieren.

Et ass schonn esou, dass mer net sollten hei a géigesäitig Virwërf falen, well mir hu sécher alleguer eng Matverantwortung an eiser politescher Aarbecht. Ech hu just nach, wéi ech hei nogelauschtert hunn, e Screenshot vun enger Facebook-Säit vun enger Regierungspartei geschéckt kritt, wou e Kommentar dropstoung: „Stellt all déi Ongeimpfte géint d'Mauer!“ Gutt. Ech mengen dat ass just ee Beispill. Ech zitéieren och just dat hei, fir ze soen, dass warscheinlech keng Partei heibannen an enger Situatioun ass, wou se kéint als onschëlleg duergestallt ginn a soen: „Hei, mir hu mat esou eppes ni eppes ze dinn.“

Ech wéilt op e puer Bemierkungen agoen.

(*Brouhaha*)

Ech wollt, ...

(*Brouhaha*)

An dat Alleréisch, ...

(*Coups de cloche de la présidence*)

... dat Alleréisch, ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift, den Här Kartheiser huet d'Wuert.

(*Brouhaha*)

De Respekt verlaangt, dass och den Här Kartheiser d'Rou kritt, fir säin Discours virzedroen.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Wann Der d'Zäit ...

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Also ech wéilt emol fir unzefänke soen, dass ech mengen, dass mer Konsens heibannen hunn - dovunner sinn ech abso-lutt iwwerzeegt -, ...

(*Brouhaha*)

... dass et absolutt net akzeptabel ass, wa sou Saache geschéien, dass Persoune bewosst schlechtgemaach ginn, dass do och en Harcèlement moral geschitt, dass d'Leit an der Ëffentlechkeet systematesch fäerdeggemaach ginn, ouni op de soziale Medien oder an anere Medien eng Méiglechkeet ze hunn, sech ze verdeedegen, dass dacks hir psychesch Gesondheet a Matleedenschaft gezu gëtt op laang Dauer - alles dat ass natierlech ze verurteelen.

Mee nodeem ech mer déi Kommentaren hei uge-lauschtert hunn, hunn ech geduecht: Et geet awer alles an eng Richtung an deene ganzen Iwwerleeungen, déi hei gemaach goufen. An ech wéilt awer och déi aner Säit belichten, an déi ass nach net genuch belicht ginn. Déi aner Säit an der Diskussioun ass déi vun eiser Fräiheet! Et ass schlussendlech och do, wou mer jo musse kucken - wéi och eenzel Leit et ugedeit hunn -, dass ee muss e Gläichgewicht sichen tëschent engem verantwortungsvollen Ëmgang, nottamment mat de soziale Medien - net nëmme mat de soziale Medien, wëll ech soen, och mat deenen anere Medien - an op där anerer Säit der Fräiheet an enger fräier an demokratescher Gesellschaft.

Et ass sécher esou, dass viles an de Medien ass, wat net tolerabel ass, op de soziale Medien eeben och, wat net auszehalen ass oder nëmme ganz schwéier auszehalen ass a wat een net kann, net soll approuvéieren. Dat ass scho richtig. Mee musse mer elo op all eenzelne Kommentar, op all private Kommentar - déi och bei wäitem net an der Majoritéit sinn - esou staark reagéieren, dass mer awer an eng Mentalitéit vun Zensur eraginn? Well et ass Zensur! An ech ginn der Madamm Empain net Recht, wa si seet, hiert Zil wär net fir ze zenséieren. Ech gleewen hir dat net! Well ech och deen Text kucke vun der Resolutioun vun de Regierungsparteien, deen eis hei virgeluecht ginn ass. Do steet jo och als leschte Punkt « à œuvre au niveau national et international pour atteindre une meilleure réglementation des plateformes des médias ». Et geet dach dorëms, rechtlech Limitten anzeféieren. D'Madamm Empain huet och gesot bei der ALIA, déi misst da méi Méiglechkeete kréien, fir ze sanktionéieren. Si mer dach net naiv! Et geet ëm Sanktioun, et geet ëm Restriktioun, et geet ëm eng Form vun Zensur.

An dofir wëll ech hei och iwwer Fräiheet schwätzen a vläicht einfach och emol e puer vun deene Spannungsfelder opzeechnen, déi hei net ernimmt gi si bis elo, well ëmmer gesot gëtt: „Jo, den Discours de haine ass schrecklech!“ Jo, en ass schrecklech! Awer da loosse mer dach och emol kucken: Wat ass dann de Präis, dee mer als Gesellschaft vläicht bezuelen, wa mer ze wäit ginn an deenen Aktiounen, déi elo hei ugeduecht gi sinn?

Wat ass dann de Code pénal? De Code pénal ass emol fir d'éischt eppes, wat extreem prezis soll sinn, wat eis soll Rechtssécherheet ginn alleguer, fir wa mer dann iergendwou eppes maachen, wat net richtig ass, wat sanktionéiert ass duerch d'Gesellschaft, duerch eis Gesetzter, dass awer d'Leit Rechtssécherheet hunn, dass se wëssen: Wat hunn ech falsch gemaach? Wat dierf ech maachen? Wat net? Do gëtt et Jurisprudenzen, et gëtt allméiglech Saachen, déi iwwer Joerhonnerten ausgeschafft gi sinn, muss ee soen, fir esou e wäertvolle Kader fir eis Rechtsspriechung awer ze schafen. Mir setzen dat op d'Spill!

Wat ass Haass? Wéi kann een Haass rechtlech ëmschreiwen? Wéini fänkt en un? Wéi staark ass en? Mir ginn awer hin a mir schafen hei Gefillsverbiechen. Mir schafe Gedankeverbiechen. Ass dat net eppes, wat mer awer musse wierklech ganz, ganz enk gesinn? A mir wëllen eigentlech dat net, dass een op esou Discourse reagéiert, och repressiv reagéiert. Dat ass jo u sech och an der Rei. An den Internet ass jo kee rechtsfräie Raum. Hu mer dann net scho Begrëffer wéi d'Injure, d'Insulte, d'Calomnie, wou ee ka reagéieren? A soll reagéieren, wann

een dann am Fall ass. Mee wat ass den Haass als Rechtsbegrëff? Als Gefill, jo. Mee als Rechtsbegrëff? Op wéi eng Pente glissante descendante beweege mer eis, wa mer ëmmer méi staark dohin-ner reglementéiere ginn?

Ech wëll dat just soen am Numm vun der Fräiheet! Well mir wëlle keng politesch Gerichter, ...

■ **Une voix.** - O!

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- ... mir wëlle keng ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- ... Gedankeverbiechen, mir wëlle keng Gefillsverbiechen. Mir kommen an en George Orwell! Ech hat mer ee Passage opgeschriwwen vun him: „Every record has been destroyed or falsified, every book has been rewritten, every picture has been repainted, every statue and street and building has been renamed, every date has been altered. [...] History has stopped. Nothing exists except the endless present in which the Party is always right.“

Et ass aus „1984“. Et ass wierklech eng Prophecy, eng Warnung, déi mer permanent sollen an eisem ganze politeschen Handeln an eisem Kapp behalen, fir eis selwer als Politiker zrëckzehale bei eppes, wat mer vläicht aus der Begeeschterung oder der Iwwerzeegung vum Abléck maachen, mee en enorme gesellschaftleche Präis do bezuelen.

Just e puer Gedanken: Hate - dat ass komplett subjektiv. Wa mer elo d'Afferperspektiv huelen: Wéi wäit gi mer an enger aner Gefor, nämlech dass mer déi komplett subjektiv Sensibilitéit vun der betraffener Persoun als Richtschnur huelen, fir d'Aktioun als eng penal Aktioun unzegesinn? Dat ass scho ganz geféierlech, och fir een, deen eppes schreift, wann op där anerer Säit ee sëtzt: „Meng Sensibilitéit - an déi ka ganz, ganz kleng sinn - ass verletz ginn, an dofir verlaangen ech eng penal Aktioun.“ Ass dat eng Richtschnur an engem Rechtsstaat? Ech géif warnen, och do virdrun, ze soen: Déi Sensibilitéit, dat subjektivt Empfanne vum Affer aleng soll do de Krittär sinn, dee mer huelen.

Delatioun: Och dat ass eng Saach. Jo - jo! -, Organisme wéi Bee Secure an anerer leeschten zum Deel eng ganz wäertvoll Aarbecht! An do ass ganz vill gudde Wëllen derbäi a ganz vill Positives ze soen. Mee trotzdem wëll ech hei d'Fro stellen, ouni wëllen iergendeen ze toufen, ze beleiden, Gott weess wat: Mee ass et dann awer normal, dass mer an engem Staat Institutiounen niewent Police a Parquet hunn, déi u sech fir d'Delatioun och zum Deel gemaach sinn? Ech hunn och domadder e Problem. Denonciatioun, Delatioun, do hunn ech och moralesch e Problem dermat. An ech mengen, dass wann eng Rechtskategorie betraff ass, do sinn de Parquet an d'Police déi Instanzen, déi sollen zoustänneg sinn. Jiddefalls ass dat emol mäi Rechtsempfannen.

Politesch Kritik: Jo, gutt! Mee da loosse mer dach och kloer soen: Wou fänkt dat un a wou hält et op? Och an der Madamm Empain hire Beispiller, mee och an aneren, och am Här Galles senge Beispiller ass dach eppes kloer och d'Gefor do: Wien eng aner Meenung huet, dee riskéiert, an esou Saachen zenséiert ze ginn.

Klimapolitik, Impfen, Gesondheetspolitik - just fir e ganz aktuell Beispill ze huelen -, och d'Pappen-Diskussioun - dat waren dach eminent politesch Sujeten! A wann een da seet: „Dat doten ass Desinformatioun!“ an esou weider, wie soll dat da jugéieren? Et ass dach ëmmer deen, deen um Pouvoir ass, deen u sech dann d'Méiglechkeet huet. engem aneren ze soen: „Ma du bass ze wäit gaangen, dat do ass Desinformatioun!“ Et ass deen, deen d'Medie kontrolléiert, et ass deen, deen d'Gesetzter mécht mat der Majoritéit, et ass dach deen, dee schlussendlech decidéiert: Wat ass Desinformatioun a wat ass d'Wourecht? Mee d'Wourecht ass näischt, wat enger Majoritéit soll ënnerleien. D'Wourecht ass näischt, wat der Finanz soll ënnerleien. D'Wourecht ass eng Kategorie, an där mer all solle schaffen a striewen, fir se héichzehalen, well si leeft vun der Diversitéit, si leeft vum Widder-sproch. Si leeft vun der lieweger Diskussioun. An et ass dat, wat hei a Gefor ass. An do maache mir net mat a genau deem Punkt.

Politesch Kritik muss erlaabt sinn. A mir ginn net hin, fir elo och ze soen: Hei, déi an déi Kategorie vu Leit fillt sech besonnesch betraff.

Wéi ass et da mat der Migratiounspolitik? Maache mer en Émigréierungsprogramm, wann een elo d'Flüchtlingspolitik a Fro stellt? Just do: Viru sechs Joer war et nach esou, dass déi meeschte Länner an Europa zum Beispill - just fir e Beispill ze nennen - mat der Lëtzebuurger Migratiounspolitik weinstens prinzipiell d'accord waren; sechs Joer méi spéit ass et ëmgekiert. Solle mer dann elo higoen an een, dee viru sechs Joer vläicht d'Meenung A an der Migratiounspolitik hat, haut europawäit diskreditéieren, an ëmgekiert? Näischt ass méi fluctuant, näischt wiesselt méi séier wéi d'politesch Dagesak-

tivitéit an Dagesaktualitéit. An och dat ass eng Gefor, wann een ufänkt, esou Kategorië vu politescher Rechthaberei eigentlech an eis sozial Kommunikatioun wëllen anzebauen. Mir brauche Widder-sproch, mir brauchen aner Meenungen a mir sollen all derfir suergen, dass déi Leit alleguer hir Meenung kënnen ausdrécken.

Et ass dann nach geschwat gi vu Kompetenzerweiderung vun deenen an deene Gremien. Ech mengen, e puer Leit hate geschwat vum Centre pour l'égalité de traitement. Och do musse mer kucken: Wat ass dann do alles an der Vergaangenheet scho proposéiert ginn als Kompetenzerweiterung? Ech erënnere mech un déi Diskussioun mam Centre pour l'égalité de traitement, wou zum Beispill de Profiling proposéiert ginn ass.

Wësst Der, wat dat ass? Dat ass, wa Leit dohinner schelle ginn an engem Rollespill fir ze testen, ob deen oder dee bereet wär, seng Wunneng un eng faarweg Persoun - ech weess net, ob dat elo politesch korrekt ausgedréckt ass - ze verlounen oder net. A wann net, da wär dat eng Ursaach, fir do eng Uklo ze maache weinst Rassismus oder esou. Dat si Saachen, dat sinn totalitär Methoden. Dat dierf et net ginn! Et dierf een net eppes provozéieren, praktesch e Feelverhale provozéieren, souwäit et e Feelverhalten ass oder wéi och ëmmer, fir dann ze kucken, fir eng Rechtsaktioun géint d'Leit anzeleeden. Och dat versetzt d'Leit an Angscht a mir wëlle keng Kultur vun Angscht. Mir wëllen eng Kultur vu Fräiheet!

Ech kéint nach e bësse viruschwätzen, mee ech gesinn, dass meng Zäit leider ofgelaf ass. Ech wëll lech soen, an dat ass d'Schlusswuert, dass ech hei wëll maachen an dat soen ech och am Numm vu menger Partei, bei allem, wat ech och u perséinlechen Iwwerleeunge wéilt abréngen: Jo, et ass viles an de soziale Medien, wat net gutt a wat net richtig ass, wat heiansdo wierklech och schwéier auszehalen ass a wou mer och sollte kucken, zesumme kucken, wéi mer kënnen d'Saache verbesseren an de Schutz vun deene Leit verbesseren, déi betraff si vun esou Ugrëffer.

Awer mir sinn net bereet, awer wierklech net bereet, fir d'Fräiheet vun eiser Gesellschaft op d'Spill ze setzen an d'Gefor an dëser Diskussioun, déi mer haut hei féieren, ass genee déi.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, fir d'éischt emol den Initiateuren e grouse Merci fir dës Mise à l'ordre du jour vun dësem ganz wichtegen a spannenden Debat.

Zu Lëtzebuerg gëtt et also keng explizitt Strofnorm fir Hatespeech, esou hunn ech et verstanen. De penale Prozess ass iwwer aner Infraktiounen am Code pénal méiglech, déi no un Aspekter vun Hatespeech erukommen. Et gëllt also, déi Konditiounen ze definéieren, ënnert deenen Hatespeech strofbar ka sinn.

E Phenomeen wéi Hatespeech ze definéieren, souwuel gesellschaftlech wéi gesetzlech, ass also keng einfach Saach. Ab wéini genee ass eng pickeg Remark, eng Polemik oder eng politesch Mobiliséierung Deel vun Hatespeech? Ass et eng Saach vu Wuertwiel, vum Toun oder vun der Intentioun oder vun allem?

Hatespeech ka ganz insidiéis sinn. Wann den Här X doheem oder am Bistro seet, den XY ass en Topert oder et misst een en erschéissen, da geschitt vläicht näischt. Wann hien dat awer op Facebook seet, dann ass e potenziell strofbar. A wann den Här X den XY direkt uschwätzt an dreet, en ze erschéissen, ass dat direkt eng strofbar Menace de mort. Ëmmer méi Leit awer schénge keen Ënnerscheed méi ze maachen tëscht dem Stammdesch an dem virtuelle respektiv dem ëffentleche Raum. An ëmmer manner Leit schéngen Hemmungen ze hunn, dobusse wéi och op de soziale Medien op eng ganz aggressiv Aart a Weis iwwer Leit hierzefalen.

Déi sozial Medien hunn deemno eng Memoire. Eppes, wat eemol gesot oder geschriwwen gëtt, geet virun a mécht säi Wee. D'selwecht ass et mat der Press, déi eppes schreift, dréckt, am Audio oder am Video bréngt. Eng rassistesche Ausso zum Beispill ass net just eemol gesot a verhallt dann, mee si bewierkt eppes. Wieder - dat gouf scho gesot - an Aussoe bestärken a reproduzéiere Biller a Meenungen, déi mir schonn hunn an eise Käpp. Wieder kënnen eng immens Kraaft hunn an en immensen Impakt hunn, an dat iwwer eis Käpp eraus.

Här President, d'Regierung mussen den Hate-speech reglementéieren. Digital Plattformen a Medien droen zwar en Deel vun der Verantwortung, mee d'Reglementatioun muss virun allem vun der Politik geschaaft ginn. Déi Reglementatioune



musse kloer a gerecht sinn, woubäi Meenungsfräiheet natierlech, an dat gouf hei scho gesot, garantéiert muss bleiwen. Dat ass keen einfache Spagat.

D'Meenungsfräiheet däerf awer an eisen Aen net mëssbraucht ginn, fir Haass géint spezifesch Gruppe vu Mënschen ze verbreedden a Leit géinteenen opzehetzen. Mir mengen, dass Hatespeech géint eng moralesch Persoun, eng politesch Instanz oder eng Regierung net kann d'selwecht ofgewie gi wéi perséinlech Attacke géint Mënschen oder géint sozial oder eethnesch Gruppen, eeben den Haass op sougenannte Minoritéiten. Déi Minoritéiten hunn dacks manner Moyenen, sech ze verteidegen wéi zum Beispill eng Regierung oder eng politesch Instanz. Et ass also eng Fro vu Muecht. Dofir kann een den Hatespeech och net thematiséieren, ouni d'Muechtverhältnissen an eiser Gesellschaft unzegen.

Minoritéiten hunn dacks manner Accès zu Moyenen, mat deenen an iwwert déi se sech kënnen verdeeden. Wann zum Beispill rassisteschen Aussoen an engem Reportage op Lëtzebuergesch ouni Géigenduerstellung - wéi wann dat eppes un der Gewalt vun deene Proposen géif änneren - stoe gelooss ginn, da bewierkt dat eppes an eise Käpp. Gläichzäiteg kréien déi Membere vu Minoritéiten, iwwert déi geschwat gëtt, deen Debat aus sproochlechen a kulturelle Grënn ganz dacks net mat, a souguer wa si et matkréie géifen, hätt si eventuell keng Mëttelen, fir iwwerhaupt iergendeen Afloss ze hunn.

An et geet hei net ëm Fräiheeten, wéi elo just gesot gëtt. Et ass keng Fräiheet, Haass ze verbreedden. Dat stéiert mech ëmmer immens, wann ee mengt, et misst een alles kënnen soen. Jo, et stëmmt, et muss ee kënnen seng Meenung soen, wann et ëm politesch Meenunge geet oder wann ee muss eng politesch Instanz zum Beispill kritiséieren. Mee et ass immens geféierlech, eenzel Persounen oder Membere vun enger Ethnie, vun enger sozialer oder eethnescher Grupp ëffentlech ze stigmatiséieren an ze attackéieren. Dës Mënsche sinn dacks vulnerabel a mat rassisteschen Aussoe géint si verstärker mer hir Vulnerabilität a mir spannen dobäi déi gesellschaftlech Spannungen nach méi un.

Et ass also och eng gesellschaftlech Fro an eng gesellschaftlech Verantwortung. Dat ass de gesellschaftlechen an de mënschlechen Enjeu zum Beispill an der Debatt ronderëm d'Sécherheet op der Gare. An och zum Beispill an der Polemik ronderëm Leit, déi op der Strooss no Sue froen. A mir als politesch Vertreider sinn an der Verantwortung, alles ze maachen, fir esou Haassproposen net am Raum stoen ze loossen a se och net ze bestärken, direkt oder indirekt. Et ass do, wou mer mam Feier spillen an dësen Debatten.

Fir mech ass dës Fro vun der Muecht, also wien eng Stëmm huet, fir sech ze verdeeden, ganz kruzial an zentral. Mir sinn deemno net all gläich virum Hatespeech!

Här President, et muss een also beim Hatespeech grad ewéi bei anere Forme vu Gewalt, notament der sexueller Gewalt, weider Efforte maachen, fir kloer politesch a juristesche Definitionen auszeschaffen, soudass se am kollektive Bewusstsein a virun allem fir d'Affär kloer identifizierbar sinn an och ufechtbar viru Geriicht sinn. Dofir brauche mir zu Lëtzebuerg eng explizitt a spezifesch Strofnorm, wat Hatespeech a Cybermobbing ubelaangt.

An ech kann nëmme widderhuelen, dass mir och explizitt a spezifesch eng Strofnorm brauche fir d'Gewalt géint d'Fraen. Well si Frae sinn, ass et e Feminizid.

Här President, et kann net sinn, dass en Affer oder en Zeie vun Hatespeech sech fir d'éischt emol muss d'Fro stellen, ob et wierklech ëm Forme vu Gewalt geet an ob et dann och wierklech berechtigt ass, eng Plainte bei der Police ze maachen. Dës Onsécherheete mussen duerch eng massiv Informationsaarbecht, iwwer Rechter an duerch kloer juristesche Reegelunge bekämpft ginn. Et gëtt och vill Sensibiliséierungsbedarf innerhalb vun der Gesellschaft, wou Schoul, Recherche a verschidden Organisationsen aus der Zivilgesellschaft wichteg Mediateure sinn. De Kampf géint Hatespeech a Cybermobbing muss Deel si vun engem gréisseren Sensibiliséierungsprojet, deen d'Regierung onbedéngt muss ugoen.

Kloer Definitionen a Méiglechkeeten op Strofverbot sinn ee Mëttel, fir géint Hatespeech a Cybermobbing unzegoen. En aneren Aspekt si kloer Zuelen iwwert den Tatbestand an d'Ausmooss vun der Problematik. Wou sinn d'Zuelen? Mir hu keng kloer Zuelen doriwwer, wéi vill Plaintë géint Hatespeech oder Cybermobbing agereecht ginn. Mir wëssen net, wéi d'Unzuel vun Affär vu Cybermobbing evoluéiert. Mir wëssen emol net, wéi vill a wéi eng Leit schonn dovunner betraff waren.

Ech hat et scho gesot: Hatespeech am reelle Liewe gëtt iwwer sozial Medien an digital Plattformen bestärkt. Et entsteet esou eng Aart Mobbing spiral. All Haasskommentar op Facebook wierkt fir d'Affär vum Mobbing ewéi e weidere Fousstrëtt, wann et

schonn am Schoulhaff um Buedem läit. Déi psychesch a psychologesch Gewalt, déi mat Mobbing verbundene sinn, verfollegen een am reellen Alldag an am Internet. Et ass eng immens Gewalt, déi besonnesch déi konnëktéiert Jugendlech vun haut erliewen. Wéi grouss den Impakt vum Hatespeech a vum Cybermobbing op hir mental Gesondheet ass, dat muss nach am Detail erfaasst ginn.

De Bericht vun der Unicef iwwert de mentale Gesondheitszoustand vun de Jonken tëscht 10 an 19 Joer seet näischt Gutt's viraus. Mir kennen d'Zuelen. 2019 waren 10.957 Jonker vu mentale Gesondheitsproblemer betraff. 7,7 % soen, dass se schonn eng Kéier probéiert hunn, sech d'Liewen ze huelen. A 15,2 % hate schonn emol doriwwer nogeduecht. Dat sinn Zuelen, déi eis schockéieren a wierklech mussen ganz staark ze denke ginn.

An och de Bericht vum OKaJu weist, dass Kanner a Jugendlecher während der Pandemie mental gelidden hunn. Déi sanitär Restriktionen hunn d'Notze vu soziale Medie verstärkt. Déi Zäit, déi am Internet verbruecht ginn ass, ass notament während dem Confinement bedeitend eropgaangen a besonnesch fir déi Jonk. D'Jugend steet haaptsächlech also an der Schosslinn vun Hatespeech a Gewalt am Internet.

Déi Jugendlech awer schénge grad esou oft och d'Auteure vun Hatespeech a vu Cybermobbing ze sinn. Méi oft si Meedercher tëscht 14 a 16 Joer d'Affär a Jongen am selwechten Altersgrupp awer Täter vu Mobbing, Hatespeech a Gewalt am Internet. Dat kann een aus internationalen an och aus e puer nationalen Etüden erausliesen, mee et misst nach méi spezifesch doriwwer gefuerscht ginn. A besonnesch Generatiounsënnerscheeder an awer och Genderinegalitéiten an deem Beräich mussen gemooss ginn.

Här President, mir brauche kloer juristesche Definitionen a penal Prozeduren am Kader vum Hatespeech. Mir brauchen Informatiounen an Zuelen iwwer Hatespeech. A mir brauchen preventiv Programmer a gréisser Sensibiliséierungsprojeten, an déi Acteuren aus der Politik, der Zivilgesellschaft, der Digitaliséierung, der Fuerschung, der Santé, der ëffentlecher Bildung an d'Famillje matagebonne ginn. Ee wichtige Bestanddeel vun esou engem Projet wieren d'Ausschaffe vun enger Cybersécherheitsstrategie an e Gesetz fir eng Preventiionscampagne, an deem déi verschidden Usätz kënnen prezisiéiert ginn.

Guidelines och fir Elteren a pedagogesch Personal fir den Émgang mat Affär an Täter vun Hatespeech a Cybermobbing kéinten och vu Fuerscher a pedagogesch Servicer ausgeschafft ginn.

Am Beräich vun der nationaler Bildung missten och obligatoreschen Coursë fir déi affektiv a sexuell Erzieung agefouert gi vum Fundamental un. Feelend Empathie nämlech ass e psychologeschen a gesellschaftleche Facteur, dee bei Hatespeech matwierkt. Och dat punktuellt Awierken an de Schoulen zum Thema Mobbing ass e gudden Usatz, mee geet net duer a kann esouguer de Géigendeel bewierken, wéi ech vu verschiddene Primärschoulseltere weess. Déi Interventiounen kéinte verschiddene Kanner souguer liddie fir de Mobbing ginn, hunn ech mer soe gelooss. Dat weist dann och fir mech op jidde Fall d'Limitt vum punktuellen Awierken. An dofir mussen mir eis froen, wéi mer méi déifgräifend a strukturell kënnen awierken.

Dofir mussen mir eis froen, firwat dee Phenomeen vum Hatespeech esou verbreet ass an eiser Gesellschaft. Wat seet dat iwwer eis Gesellschaft aus? Firwat si mir esou eekleg mateneen a scho vun esou jonk un? Firwat dee Besoin, ee géint deen aneren ze sinn a géint Minoritéiten ze stänken? Mir kënnen eis der Verantwortung net entzéien, eis ze froen, firwat Haassrieden an Haassproposen ëmmer méi zouhuelen. A mir müssen dësen Trend och am ekonomesche Kontext vu wuessenden Ongläichheeten, sozialen, kulturellen a politeschen Ongläichheeten gesinn a betruechten.

Si béid Phenomeener mateneen verbonden? Ech stellen d'Fro. An dat ass fir mech déi wierklech spannend Fro, déi mer eis och mussen stellen.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Oberweis. Dee leschten ageschriwwene Riedner ass scho prett, an dat ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Bon, ech hunn och eng Ried geschriwwen an ech wäert op verschidde Punkten dovunner zrëckkommen. Mee loosst mech eppes als Éischt ganz kloer soen: Haass ass keng Meenung. Dat gouf haut schonn e puermol gesot, an dobäi sollt et och bleiwen!

Mee wa mer awer iwwer Speech, Hatespeech schwätzen, iwwer Speech generell, da muss een awer och soen: Meenungsvillfalt ass an enger Demokratie en héicht Gutt, dat ee verdeedegen muss. An dofir fannen ech et dann awer problema-

tesch, wéi heiansdo liichtfankeg mat Meenungen ëmgaange gëtt, wéi liichtfankeg geruff gëtt: „Dat ass Hatespeech!“, während ee selwer vläicht am Glashaus sëtzt a mat Steng werft.

■ **Une voix.** - Jo.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Well, an do muss ee sech och d'Fro stellen: Ass et dann ubruecht als Majoritéitsdeputéiert, als Riednerin hei op der Tribün ze stoen, Leit Lektiounen ze ginn - ex cathedra - a gläichzäiteg a Gruppen aktiv ze sinn, aktiv ze kommentéieren, déi als eenzegt Zil hunn, aner Leit kleng ze maachen, aner Persounen ze kritiséieren? Ass dat net och schonn, Madamm Empain, eng Form vun Hatespeech? Et ass nämlech net esou, datt een heibannen nëmmen eenzel Commentairé muss kucken. Et muss een e ganz Behuele kucken.

An ech denken, datt et duerfir ëmsou méi wichteg ass, sech bewosst ze sinn, vu wéi enger Position aus ee schwätzt.

Jo, ech si mer bewosst, datt ech fir eng Partei schwätzen ...

(*Interruption par Mme Stéphanie Empain*)

A, vu wat ech schwätzen, Madamm Empain? Ech kann lech et soen. Dir sidd an enger Facebook-Grupp, déi heescht - ech mengen, se wëllt sech satiresch ginn - „Give us a brain“. An ech ka ganz gären eng Rëtsch Posten zitéieren, wou Der e Mat-deputéierte weinst sengem Kierpergewicht kritiséiert hutt.

(*Interruption par Mme Stéphanie Empain*)

Ech ... Jo, jo, ech kann lech d'Poste weisen. Ech kann lech och gären zitéieren.

■ **Une voix.** - Da weist eis dat!

(*Interruptions*)

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - „Ma esou gesäit jo keen aus, dee sech vegan ernäert.“ D'Madamm Empain kommentéiert dorënner a seet: „Jo, den Här Goergen ass jo och net dee Beschten“, esou an där Form.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Wat?

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Ech zitéieren et elo net wuertwärtlech. Hei, ech bréngen lech ..., ok. Här President, erlaabt mer, ech muss dat elo leider just nokucken, well ech hunn et hei viru mer.

(*Interruptions*)

Mir hunn also hei ...

■ **Une voix.** - Wéi ass d'Adress dofir?

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Ma nee, ech kommen ... Dir loosst mech jo net ausschwätzen.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dach, dach.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert net.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Also mir schreiwen e Communiqué ... Ech zitéieren dee rezente Post, deen d'Madamm Empain gemaach huet, wou mer e Communiqué verëffentlechen, well den Daniel Frères zrëckgetrueden ass vu sengem Posten. An de Commentaire ass: „Majo, eis Saubermänner aus der Piratepartei hu jo do e ganz spezielle Spin draus gemaach. Hien ass vun der Justiz verurteilt ginn, well eist Déiereschutzgesetz net gutt genuch ass. What the fuck?“ Dir hutt virdu vun deenen dräi Buschtawen a vu sech opreege geschwat. „What the fuck?“, jo, dat hunn ech mech och gefrot, wéi ech de Post gesinn hunn.

Ech kann nach e puer aner Posten hei sichen, mee ...

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Ech brauch nach eppes, e bësselchen eppes, wat Richtung Hatespeech geet, well dat do ass awer e bësselche „mollo“.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Jo, ech hu gesot, et geet ëm d'Struktur. Et geet dorëm, wéi ee widderhëlt, wéi een ëmmer erëm optaucht, wéi een op där enger Säit seet: „Mir müssen eenzel Commentairé kontrolléieren“ a gläichzäiteg selwer deen ass, dee strukturell hei eenzel Persounen ugräift. Well dat muss ee soen, Dir hutt zwee Poste vun eis zitéiert an ech sti gären dohannert. Mir hunn déi Poste geläscht, also d'Commentairé geläscht, a mir hunn och mat der Police zesummegeschafft, wéi et zu Enquête komm ass.

Ech wonnere mech iwwregens - dat ass eng aner Saach an dat ass eng Fro, op déi d'Justizministesch eis jo dann herno vläicht kann Äntwerte ginn -, firwat mer dann an Hatespeech-Affären dann heiansdo esou laang brauchen, bis et zur Verurteilung kënnt. Oder kënnt et vläicht dann net zu Verurteilungen, well se agestallt ginn? Dat ass eng Fro, déi ech mer wierklech stellen, bei där ech och aus de Statistiken, déi ech an der Preparatioun heivunner gekuckt hunn, net wierklech schlau gi sinn. Wéi vill Fäll ginn agestallt? Dat ass nämlech, mengen ech, och nach eppes. Mir kënnen ëmmer ganz séier soen: „Et ass Hatespeech, mir gi bei d'Police.“ A schlussendlech gëtt déi Affär agestallt, klasséiert.

Wat soe mer den Affer dovunner dann, wann et wierklech Hatespeech war an d'Justiz klasséiert et? Soe mer hinnen: „Dat ass harmlos!“? Dat ass vläicht och dee falsche Message, dee mer ginn.

Ech muss ganz kloer soen, et gëtt kloer Trennungen zwëschent Meenungsfräiheet an Hatespeech. Meenungsfräiheet - wichteg - muss geschützt ginn. Hatespeech ass keng Meenung. Mee net ëmmer kann een op den éischte Blëck definéieren, ob eng Ausso iwwert d'Grenze vun der Meenungsfräiheet erausgeet oder net.

Ech denken do zum Beispill u Fäll, an deene verfassungsgerechtlech geséichert Fräiheete wéi Konschtfräiheet oder Satir betraff sinn. Bei Satir kann et méi schwéier sinn ze jugéieren, ob en Auteur vun enger Meenung dës kommunizéiert huet, well en enger anerer Persoun schuede wëllt oder well hien duerch dës Aussoen op en anere Problem opmierksam maache wëllt.

Hei misst jo dann u sech de Prinzip gëllen „im Zweifel für den Angeklagten“ oder, wéi et mam Lidd vum Danger Dan kléngt: „Das ist doch alles von der Kunstfreiheit gedeckt“. An ech mengen, där Fäll hate mer an de leschte Jore genuch, ob zu Lëtzebuerg oder am Ausland. Ee vun de bekanntste Fäll am Ausland war sécher d'Schmähgedicht vum Jan Böhmermann iwwert den tierkesche President Erdogan, deen an deem Gedicht als „Ziegenficker“ betitelt gouf.

Och zu Lëtzebuerg erënnere mer eis sécher all zum Beispill u d'Lidd vun Turnup Tun, wou et u sech dorëmmer goug, op rassisteschen Tendenzen zu Lëtzebuerg opmierksam wëllen ze maachen an trotzdem stoungen op eemol Plaintë weinst Diffaméierung a Beleidegung am Raum.

An der Press an an der Konscht gëtt et Fäll, wou eng Meenung heiansdo haart um Bord vun der perséinlecher Beleidegung ka laanschgoen a wou net ëmmer méi ka kloer sinn, ob d'Intention sech dorunner riicht, enger anerer Persoun ze schueden oder eeben net. Mee hei gesäit een eeben, datt de Kontext oft entscheidend ass! An dat ass dee Kontext, op deen ech virduun agange sinn. Ass et en ëmmer Erëmmen? Oder ass et punktuell? Sinn et ëmmer erëm déi nämmelech Leit, déi op där nämmelechter Plaz op déi nämmelech Leit klappen? Oder ass et een, deen eng Kéier iwwert de Bord schléit?

Ech stelle mer d'Fro: Wat wär dann hei zu Lëtzebuerg mam Böhmermann-Gedicht gewiescht? Wéi wär et jugéiert ginn, wann et op RTL ausgestraalt gi wär vun engem Lëtzebuergeschen Acteur?

Mir Piraten sti jiddefalls hannert der Presse- a Konschtfräiheet. Jo, et ass esou, datt am Internet d'Hemmschwell, fir iwwert de Bord ze schloen, heiansdo méi kleng ass. Fréier am Bistro huet een de Leit gesot, wa se dann esou eng Domm komme gelooss hunn: „Hei, trëppel! Du hues een ze vill gedronk! Géi elo heem!“

De Problem ass, am Internet kann een de Leit schwéier soen: „Géi elo heem!“ Et wär heiansdo néideg. Verschidde Leit bräichten et heiansdo, Géigried ze kréien, gesot ze kréien: „Ma géi elo heem! Du hues haut iwwert d'Sträng geschloen!“ An allen Debate kënnt dat vir.

De Problem mam Internet ass, datt do, wou sech viru Joerzénge den Duerfidiot - nenne mer en elo mol esou - eleng am Bistro derniewent beholl huet an heemgeschéckt gouf, fannen se sech haut alleguerten zesammen a schaukele sech géigesäiteg héich.

Dat heescht, d'Plattformen kréien eng nei Responsabilitéit. Et gouf schonn ugeschwat: D'Plattformen hunn eng Responsabilitéit an et ass wichteg, datt den Internet weiderhin eng Plattform vun engem fräien Austausch ka bleiwen. A genau do ass eeben de Problem an duerfir sinn ech och net averstane mat den Aussoen, déi virduun hei getraff goufen, datt elo déi Plattformen misste méi Rechter kréien, fir eppes ze läschen, méi séier ze läschen, preventiv anzegräifen.

Nee! Mir sinn an engem Rechtsstaat an, Här President, duerfir hunn ech och eng Motioun matbruecht.

**Motion 2**

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

- Grouss Social-Media-Plattformen decidéieren op Basis vun hiren eegene Reegelen, ob Contenuen der Notzercharta entsprechen.

- Dës féiert oft dozou, dass d'Plattformen onofhängeg vun der Justiz Continue läschen oder stoe loosse.

- Den zentrale Problem vun dëser Demarche ass, dass verschidde Plattformen dës Decisiounen net no transparente Krittären exekutéieren, wouduerjer verschidde Kommentaren, och wann se sech op deen nämmelech Fong bezéien, ënnerschiddlech behandelt ginn.

- D'Decisioun, ob e Contenu illegal oder schiedlech fir Drëtter ass, muss an engem Rechtsstaat a





leschter Instanz ëmmer an den Hänn vun enger on-ofhängeger Justiz leien.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. d'Méiglechkeet ze préiwen, fir Fäll vun Hate-speech a Fakenews kënnen no enger Référésprozedur schnell an effikass ze jugéieren, andeems e Juge en référé de Pouvoir kritt, fir Moossnamen an dësem Beräich kënnen provisoreshch ze exekutéieren.

2. der Chamber bis den 30. Mee 2022 eng Analys virzeleeën, wéi dës Iddi kéint ëmgesat ginn an ze informéieren, ob si ee Gesetzesprojet dozou wäert deposéieren.

(s.) Sven Clement.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- An ech erlabe mer och, direkt zu där Motioun ze schwätzen, well et ass genau dat, wat an deem heite Fall spilt. Mir sinn e Rechtsstaat an an engem Rechtsstaat steet et net engem Mark Zuckerberg oder soss engem vun de GAFAMen zou, ze entscheeden, wat dann elo Satir ass a wat net. Et ass u sech un de Gerichter, dat ze entscheeden. Et ass u sech un eiser Justiz ze entscheeden, ob eppes legal ass oder net, ob et vu Konschtfreiheet gedeckt ass, vu Pressefreiheet gedeckt ass. Et ass net un ënnerbezuelte Lounaarbechter a Callcenteren iergendwou um anere Bord vun der Welt, fir fir Facebook ze entscheeden, wat Satir ass oder net, well déi kënnen dat net verstoen a mir gesinn et ëmmer erëm.

Haineux Saache gi stoe gelooss vu Facebook, well se net captéiert ginn. A Saachen, déi vun der Konschtfreiheet gedeckt ginn, gi geläscht, well se an engem Algorithmus gefaange goufen. Déi Algorithmen, déi Uploadfiltere bréngen näischt anescht wéi e „vorauselende Gehorsam“ vun de Plattformen.

Duerfir hunn ech eng Motioun deposéiert, léif Kolléeginnen a Kolléegen, déi virgesäit, oder d'Regierung invitéiert, besser gesot, fir ze préiwen, ob een net e Juge en référé kéint schafen, dee sech geziilt mat deene Virwërf kéint auserneesetzen an dee provisoreshch Moossname kéint huelen, amplaz hinzegoen an einfach der Plattform ze soen: „Läsch dat, läscht dat, mir mellen dat. Mir bauen op Zivilcourage.“ An d'Plattform entscheet, ob se et läscht oder net. An do hu mer jo d'Beispiller héieren, wéi dat net fonctionéiert. Ech ka mer virstellen, dass hei d'Justiz an enger séierer Prozedur de richtegen Ulfpunkt wär.

Aktuell ass et nämlech esou, dass d'Affer vu Mobbing, vun Hatespeech dat Läsche selwer mussen ufroen an et eeben net ëmmer klappt. Mir hunn et héiere virdrun.

Mir hunn och virdrun héieren, bei wem ee sech melle kann, wann ee Problemer huet. Ech denken do och zum Beispill un d'Mobbing ASBL, wou jo och d'Madamm Modert am Verwaltungsrot sëtzt; ech denken u respect.lu; e ch denken un eng ganz Rëtsch Méiglechkeeten, Bee Secure, fir der nëmmen e puer ze nennen. Hei sinn eng ganz Rëtsch haut scho genannt ginn.

Här President, fir zum Schluss ze kommen: De Froekatalog, deem d'Majoritéitsparteien haut opgeworf hunn, ass ëmfaassend an et gëtt sécherlech vill, vill méi ze soen, wéi d'Riedezäit et hei erlaabt.

Mir Piraten sti fir eng pluralistesche multikulturell Gesellschaft, an där Meenungen a Mënschen ënnerschiddlech dierfe sinn, an där all Mënsch als vollwäertege Member vun eiser Gesellschaft ze respektéieren ass, egal wéi eng Hautfaarf en huet, egal wéi ee Geschlecht en huet, egal wéi ee Gewiicht en huet, egal, ob e geflücht ass, e lëtzebuergeschen oder en europäeschen oder soss e Pass huet, egal, wat säi Glawen oder seng politesch Faarf ass! Dat am Internet, wéi am richteger Liewen.

Et geet net, dass mer Leit opgrond vun eenzele Mierkmoler kritiséieren a just weinst deene Mierkmoler kritiséieren.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Clement. D'Madamm Empain freet d'Wuert a kritt et och fir Fait personnel. Hiren Numm war dräimol gefall.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech wollt net allze laang drop reagéieren. Mee vu dass ech hei awer relativ grav ugeklot gi sinn ... Ech sinn elo séier nach eng kéier kucke gaangen, wat ech an deem Grupp geschriwwen hunn. Effektiv, do steet: „Majo, eis Saubermänner aus der Piratepartei hu jo do e ganz spezielle Spin draus gemaach. Hien ass vun der Justiz verurteelt ginn, well eist Déiereschutzgesetz net gutt genuch ass. What the fuck?“ Am Géigesaz dozou sti Saachen am Raum wéi: „Ech stëfte sechs Kugelen, falls eng derlaanscht geet“. Ech mengen, mir schwätzen do grad och e bësselche vun enger Verharmlosung vum Hatespeech.

Wann iergendwou soss nach eppes wär, wou ech eppes geschriwwen hätt, wat net gutt wär, da géif ech mech dofir entschëllegen. An ech mengen, dat

wär och de Moment gewiescht fir lech haut, fir einfach ze soen: „Mir hunn dorausser geléiert, mir maachen et an Zukunft besser.“

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Empain. Den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Just ganz kuerz, fir dorop ze reagéieren. Ech mengen, ech hunn eppes ganz kloer gesot, an dat ass, dass mer mat der Justiz kooperéiert hunn an dass et et bedauern, als ee vun deenen, déi mat der Justiz kooperéiert hunn, dass et null Réckmeldung och gëtt, wou esou eng Affär drun ass. Ech géif mech nämlech freeën ze wëssen, wou déi Affär drun ass. Ech géif mech freeën ze wëssen, dass déi Kooperatioun och zu eppes gefouert huet.

Ech selwer hu keng esou Commentairé gemaach. Ech selwer hunn esou Commentairen, wann ech Kenntnis dovun hat, esou séier wéi et geet, geläscht, an ech huelen net 24 Stonnen op 24 Stonne Kenntnis vun all de Commentairen. Fir all déi Commentairen, déi ech net gesinn hunn, deet et mer ëmmer leed, dass se méi laang do stoungen, wéi se hätte sollen do stoen. Dat ass awer och mënschlech. Et sinn deelweis och net meng Säiten.

Ech muss ganz éierlech soen, fir mech gëllt eppes: Esou Commentairé gehéieren der Police gemellt, an dat maache mir zanterdeem konsequent. Virdrun hu mer se geläscht, wa mer se gesinn hunn. Zënterdeem melle mer se konsequent bei der Police. An zënterdeem froen ech mech, wou déi Affären dru sinn. An dat ass e grouse Bemoll, deen ech wierklech hunn.

Ech géif mech freeën, wa mer do vläicht och haut an dësem Debat eng Äntwert drop géife kréien, wéi een dat vläicht och fir déi, déi et melle bei der Police, méi einfach géif maachen, well bei Facebook kritt een eng Äntwert, ob de Post dann elo blockéiert gouf oder net. Vun der Police kritt een iergendwann eng kéier vläicht e Bréif: „Et gouf agestallt. Dir kënnt lech awer Partie civile constituéieren.“

Bon, mir si seelen déi leséiert Partei an deene Saachen. Duerfir ass et dann och schwéier, Partie civile ze maachen. Mee et wär gutt, wa mer hei vläicht - an duerfir och d'Motioun nach eng kéier - wierklech och méi séier Weeër géife fannen, fir dat ze maachen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Dont acte.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ech maache keng esou Commentairen, Madamm Empain, a fir all déi, déi duerchgerëtscht sinn, géif ech mech natierlech entschëllegen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Dont acte. Merci, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch.

■ **Une voix.** - Här President, hei ass nach eng Madamm.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - D'Madamm Simone Asselborn-Bintz freet nach d'Wuert.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).**- Ass et erlaabt, dem Här Clement eng kleng Fro ze stellen, wannechgelift?

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - A wéi enger Prozedur si mer hei?

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).**- Ech weess et och net.

(Hilarité)

Ech wollt just soen, dass ech ..., ech wollt en u sech luewen, dass et gutt ass, dass en elo endlech déi doten Erkenntnis huet, well déi hat en net vun Ufank un. An dat deet mer e bësse leed.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Dat ass awer elo e grave Virwurf géint mech.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).**- Mee bei aner Saachen hutt Der lech e bëssen anescht aus der Saach erausgezunn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Mir sinn a kenger Prozedur dran ...

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).**- Ech halen op.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Mir sinn an der Prozedur dran, dass de President der Regierung d'Wuert ginn huet. An dat Wuert ass dann elo fir d'Madamm Justizministesch, Madamm Sam Tanson.

(Brouhaha)

*Prises de position du Gouvernement*

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Jo, Dir Dammen an Dir Hären, merci derfir, dass Der dat Theema hei op den Ordre du jour gesat hutt, och wann ech no deenen Diskussiounen, déi ech elo gelauschert hunn, d'Impressioun hunn, dass et hei awer och net ganz kloer ass, wat Hatespeech wierklech duerstellt. A wat mech och interpelléiert, dat ass, dass mer als Politiker alleguer, net just als

Deputéiert, net just als Ministeren, mee Leit, déi fir d'Effentlechkeet sech engagéieren, awer schonn eng ganz speziell Responsabilitéit hunn an dass mer allegueren eis mussen iwwerleeën, wéi mer no bausse kommunikéieren, wéi mer eis Géigner attackéieren a mat wéi enge Moyenen. Ech fannen et extreem wichteg!

Mir kënnen elo hei stonnelaang iwwert de Sujet diskutéieren, deen déif an d'Gesellschaft erageet an eigentlech den Ursprong dovunner war jo e ganz anere wéi dee vun eisem Mikrokosmos. Do ass et ëm den Asaz gaange vun der ASTI vun der Madamm Zuccoli. Mee wat mech wierklech frapéiert, dat ass, op wéi engem Niveau mer mëttlerweil géigesäiteg mateneen diskutéieren, an zwar net heibannen, well heibannen ass et eigentlech ëmmer relativ ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Entspaant.

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.** - ... entspaant. Jo, richtig, Här Clement.

(Hilarité)

Mee wéi séier mer d'Tendenz hunn, och mir als Politiker, déi jo awer wierklech eng grouss Responsabilitéit och hunn, iwwert d'sozial Netzwierker de Géigner op eng perfid Aart a Weis ze attackéieren, op eng irresponsabel Aart a Weis ze attackéieren, Inhalter verfälscht duerstellen, ganz bewusst, well dat einfach Klicke generéiert.

Dat ass jo och genau dat - an, ech mengen, den Numm vun der Whistleblowerin am Kontext vu Facebook ass ganz oft haut gefall -, wourp et erausleeft! Dat ass jo dat. Dofir sinn ech och net mat deem d'accord, wou elo gesot ginn ass, dass een net misst Facebook och responsabiliséieren. Et ass jo de Businessmodell, hu mer jo elo héiere gehat. Et leeft jo och dorobber eraus, dass eng Entitéit, déi op sozial Netzwierker setzt, déi doduerjer Klicks produzéiert, dass déi dovunner leeft, dass déi frou ass, wann eppes gesharet gëtt. A weini gëtt eppes gesharet? Majo, wann d'Leit rose sinn.

Wéi huet d'Madamm Haugen gesot gehat virun de franséische Parlamentarier: dass obwuel Facebook keng Absicht hätt, « de mettre au point un système qui sème la colère », se trotzdem hire System esou opgebaut hunn, « en sachant quels étaient les risques ». Si sot: « La colère, c'est ce qui engrange le plus grand nombre de clics. Facebook connaît les solutions, mais ces solutions enlèvent, ici ou là, un peu de profit. »

Bon, an dat ass e bëssen dat, wou ech de Verdacht hunn, dass een och als Politiker vläicht d'Tendenz huet, dat ze maachen, well dat jo och Klicke generéiert a Klicken eng Reechwäit generéieren. An ech si wierklech der Meenung, dass mer och en éierlechen Debat sollen doriwwer féieren, wat Hate-speech ass.

Dat Beispill, wat ech elo grad nach héieren hunn, dat ass a mengen Aen definitiv keen Hatespeech. Mee wann ee ganz bewusst Leit ... An ech ernnere vläicht nach eng kéier un d'Definitioun vun der ECRI zu deem Punkt: « [...] le discours de haine désigne l'usage d'une ou de plusieurs formes particulières d'expression - à savoir, l'appel à, la promotion de ou l'incitation au dénigrement, à la haine ou à la diffamation à l'encontre d'une personne ou d'un groupe de personnes, ainsi que le harcèlement, les injures, les stéréotypes négatifs, la stigmatisation ou les menaces à l'encontre de cette ou ces personne(s) et toute justification de ces diverses formes d'expression - fondée(s) sur une liste non exhaustive de caractéristiques ou de situations personnelles englobant la "race", la couleur de peau, la langue, la religion ou les convictions, la nationalité ou l'origine nationale ou ethnique ainsi que l'ascendance, l'âge, un handicap, le sexe, le genre, l'identité de genre et l'orientation sexuelle. »

Wa mer an deem dote Beräich sinn, da beweege mer eis am Kader vum Discours de haine an deen Discours musse mer andämmen.

Mir mussen deen awer elo net andämme weinst eis heibannen. Natierlech ass et äusserst desagreeabel als Politiker, deem ausgeliewert ze sinn, mee vill méi schlëmm ass dat Bild, wat doduerch no bausse projeziert gëtt, wa bewusst geziilt, wéi och an deem „Spiegel“-Artikel virun e puer Méint Fraepolitikerinnen attackéiert ginn, an och bewusst esou duergestallt ginn an de sozialen Netzwierker, dass se attackéiert ginn, dann huet dat eng Inzidenz op jonk Fraen, déi sech wëlle politesch engagéieren, well ee sech dräimol iwwerleet, ob een dat da mécht.

Wa bewusst Leit attackéiert ginn, déi sech engagéiere fir Flüchtlingen, fir Auslänner, dann huet dat eng Inzidenz, well ee sech dann dräimol iwwerleet, ob een dat an der Effentlechkeet esou offensiv ugeet. Et huet och eng Inzidenz dorobber, wéi déi Leit, déi déi Messagë liesen, dozou sti par rapport zu engem anere Genre, par rapport zu Leit, déi Transgenre sinn zum Beispill, par rapport zu Leit, déi eng aner Hautfaarf hunn. Et ass dowéinst, wou mer et mussen andämmen, well et eng Inzidenz huet. Et ass net egal! Et huet eng Inzidenz op dat,

wéi mer d'Gesellschaft verstinn a wéi den Haass an eiser Gesellschaft sech kann doduerjer verbreedeen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- A wat elo gefrot ginn ass a wat den Här Clement, mengen ech, gesot huet: „Jo, mee wat geschitt mat deenen Affären? Do misst allkéiers eng Condamnatioun kommen.“ Nee! Do muss net allkéiers eng Condamnatioun kommen. Do si Leit ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Dat hunn ech net gesot!

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- An dat ass och ... Dir kënnt gären herno mer eng Fro stellen, wann Der Loscht hutt.

(Hilarité)

Dat ass och ... Oder Fait personnel froen.

(Interruption par M. Sven Clement)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Clement, et ass elo net un lech.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Hien ass nervös.

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dir manifestéiert lech awer lautstaark.

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Bon, hien ass net deen Eenzegem.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Dat ass Äre Problem, Här Clement.

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- En ass net deen Eenzegem, Här President.

Mee et geet ... well dat ass jo ugeklungen haut. Fréier oder zu aneren Zäite souz een dann am Café, et huet ee gelästert. Haut gëtt dat geschriwwen an da steet dann do: „Ma hätt dat dach nëmme gutt e Lach am Kapp!“ Oder: „Ass dat do iwwerhaapt eng Fra oder e Mann?“ Oder ... wat weess ech?! Déi Saachen, wann ee se fir sech selwer liest, wierklech ... dat ass engem net egal. An dat liest ee jo net just eleng. Dat ass dat, wat ech virdu gesot hunn. Dat liesen nach deemno, wien et post, deemno, op wéi engem Site et steet, e puer Honnert, e puer Dausend, e puer Zéngtausend Leit mat. An dat ass d'Differenz!

De Problem ass awer: Den Auteur, deen dat schreift, dee weess dat! Deen ass sech där Saach net ëmmer bewusst! Wéi déi Affär war, wou erkläert ginn ass, ech wëlt de Papp ofschafen, du krut ech jo och déi onméiglechste Messagen. Dunn hunn ech natierlech och Plainte deposéiert.

Do si Leit, déi hu mer herno geschriwwen, déi hu gesot: „Et deet mer leed.“ Genau dat, wat d'Madamm Empain virdu gesot huet: Et muss ee sech och heiansdo kënnen entschëllegen. Déi hu mer geschriwwen: „Et deet mer leed, ech war mer net der Envergure bewusst vun deem, wat ech hei gemaach hunn.“

A firwat hu se mer dee Message geschriwwen? Ma well se bei d'Police geruff gi sinn, well d'Police mat hinne geschwat huet, well d'Police se och emol drop opmierksam gemaach huet, wat dat bedeit, wann een engem - an de Premierminister ass elo komm, dee weess et och! - den Doud wënscht, och wann een dat guer net wierklech mengt. Mee wann een dat da schreift: „Hätt deen am Kugel am Kapp“, oder op all déi Klassen Saachen zrëckgräift.

An doru musse mer schaffen! Duerfir ass et natierlech esou, dass net all Plainte zu enger Condamnatioun féiert. Loin de là! Dass mat de Leit geschwat gëtt, dass wann ee gesäit, dass se wierklech berodungsresistent sinn, dass se bei respect.lu geschéckt ginn - d'Corinne Cahen wäert sécherlech herno nach dorobber agoen -, mee dass et ganz evident ass, dass et net d'Zil ka sinn, weeder vun ons nach vun der Justiz, dass do jiddweree condamnéiert gëtt.

Et gouf och schonn eng sëllege Question-parlementairen, wou och d'Zuelen ëmmer erëm - ech hunn elo mäin Dokument op mengem Pult leie gelooss, ech kann lech dat herno nach eng kéier ginn - drastinn, zu wivill Condamnatiounen et alljoers kënnt.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Nee, et ass op mengem Handy, pardon. Merci, Här Premierminister.

Wou d'Zuelen drasti vun de Meldungen an da vun de Condamnatiounen.

Et gëtt natierlech vill, vill manner Condamnatiounen wéi et Meldunge gëtt. An dat ass och gutt esou. Well wat mer gären hätten, dat ass eng Sensibilitéit derfir, dass et net egal ass, wat ee schreift! Et ass net egal! Et ass net egal, et ass extreem wichteg, dass een oppasst, wéi een dat formuléiert. An et dierf ee keen attackéieren! Et soll een d'Leit net attackéieren. An et soll ee se virun allem net attackéiere weinst hirer Faarf, weinst hire sexueller Virleiften, weinst hirem Genre oder hirer Relioun - esou déi Klassiker.





Bon, zum Dispositif, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn. Ech mengen, dat ass ugeklongen. Mir hunn en zolitte penalen Dispositif, deen dat doten alles reegelt. An da kënnst nach op Europäeschem ... Den Digital Services Act ass ugeklongen. Do ass gëschter decidéiert ginn am COREPER, dass dat an der nächster Reunioon vun dem Conseil compétitivité kënnst. Ech mengen, dat ass Enn des Mounts.

Dat heescht, dass mer do och gutt weiderkommen, well déi grouss Bedreier vu sozialen Netzwerker hunn absolutt eng Responsabilitéit. An déi musse filteren! Déi musse Saachen erfuehlen. Natierlech kann dat net ausgespillt gi géint d'Konschtfreiheet, géint d'Liberté d'expression. Mee si hunn eng grouss Responsabilitéit. Si därefen dat net promouvieren. Si mussen et andämmen.

Den Här Galles hat mech nach gefrot zum Hate-crime. Mir sinn amgaangen, un deem Text ze schaffen. Et geet jo drëms, eng Circonstance aggravante ze kreéieren par rapport zu all Infraktioun, wou dat potenziell kann de Fall sinn, dass dat allkéiers eng Circonstance aggravante ass, wann eng Infraktioun gemaach gëtt aus Motiver vun de classeschen Hate-Dispositionen. Do musse mer natierlech Disposition fir Disposition do duerchgoen, fir eeben och ze kucken, wat déi Circonstance aggravante dann herno kascht.

Dann hat Der nach d'Fro gestallt ... Also, „kascht“ en termes vu Strof.

Den troisième Genre, do si mer och um Ausschaffen. Do wäert ech lech d'nächst Joer eng Kéier domadder saiséieren. An natierlech ass dat erëm esou e sensibelen Dossier, wou de Risiko do ass, dass mam Fanger op e gewëssenen Deel vun der Populatioun gewise gëtt. Voilà.

Dann hat Der nach gefrot, ob et eng verbindlech Definition vun Hatespeech am legislative Kader gëtt. Nee, well dat weist jo och déi Diskussioun de Mëten erëm, dass et esou multipel ass. Mee Dir hutt eeben déi ënnerschiddlech Artikelen am Code pénal, déi eeben, sief et d'Calomnie, d'Diffamatioun, d'Injure, d'Atteinte portée à l'honneur d'une personne an esou weider, alleguerten déi Saache reegelen. Voilà.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Justizminister Sam Tanson. De Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo d'Madamm Familljeministesch. Fir d'ëischt awer Parole après ministre fir den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Nee, et ass u sech e Fait personnel, Här President. Well ech hunn éischstens net dat gesot, wat d'Madamm Ministesch mer hei an de Mond geluecht huet. Ech géif wierklech bidden, dat dann herno am Verbatim nozeliesen, nozelauschteren. An da ka se dat maachen, wat ech virdrun och gemaach hunn, sech entschëllegen derfir, mer Wieder an de Mond geluecht ze hunn, déi ech net benotzt hunn.

■ **Plusieurs voix.**- O!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Nee, nee! Et ass nämlech ganz grav, wat ech hei virgeworf krut.

(Brouhaha)

Ech krut an de Mond geluecht, ech géif bei all Meldung eng Condamnatioun froen. Dat hunn ech net gefrot! Dat steet mir net zou ze froen! Mir hunn eng onofhängeg Justiz an et ass un der Justiz, dat ze entscheeden. Dat hunn ech virdrun op der Tribün gesot an dat soen ech hei nach eng Kéier.

Wat ech gesot hunn ... A kommt, mir bleiwe bei de Fakten!

■ **Une voix.**- O!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ech hu gesot, ech géif gar wëssen, wou d'Affären dru sinn.

■ **Une voix.**- Voilà!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ech hunn och eng Stellungnam gefrot, wou mer bei den Affären dru sinn. Ech hunn och gefrot, wéi vill prozentual Fäll agestallt ginn a wéi eng eeben zum Ofschloss kommen.

Ech mengen, datt et Froe sinn ... Dir hutt mer gesot, ech soll lech eng Fro stellen. Ech hunn lech virdrun eng Fro gestallt. Ech krut keng Äntwert, duerfir stellen ech se nach eng Kéier. Mee kommt, mir bleiwe bei de Fakten! Ech hunn zu kengem Moment gesot, datt all Meldung eng Condamnatioun soll ginn.

■ **Une voix.**- Richteg!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ech wëllt awer ganz gären, datt dat zu Akt geholl gëtt.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement. An d'Wuert geet direkt zréck un d'Justizministeresch.

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Also déi Entrüstung war et net emol derwäert, well ech wollt lech domat näischt Schlechtes ënnerstellen. Mee Dir hutt an iergendengem Kontext - ech hunn

et natierlech elo net wuertwärtlech opgeschriwwen - gesot, dass et wichteg wär fir d'Affer, wa se Condamnatiounen géife kréien. Dir hutt eppes an deem Genre gesot. Ech waarden dann op de Procès verbal fir ze kucken, wat et genau war.

Et geet just drëm fir ze ënnersträichen - an ech sinn net dat Eenzege, wat dat esou verstanen huet -, dass dat net de But ass. Domat wollt ech lech net ënnerstellen - dat hunn d'ailleurs och ech net gesot! -, Dir wëllt d'Onofhängegkeet vun der Justiz a Fro stellen. Mee de But ass eeben net deen, dass Der Condamnatiounen ...

Ech hunn awer elo hei Zuelen, wou ech lech virdrun gesot hunn, wou ech lech net konnt äntweren, well ech se hei leie gelooss hat, Här Clement. Déi kënnst Der och an de Question-parlementaires noliesen, déi zu deem Sujet gestallt goufen. Zum Beispill bei Bee Secure - ech ginn lech elo déi dräi lescht Joren -, hat Der 2018 122 Meldungen. Vun deenen 122 Meldungen sinn der 68 weidergeleet ginn - frot mech elo net firwat déi eng net an déi aner schonn! -, vun 219 Meldungen 152 2019, an 2020 vun 292 Meldungen 240.

Da geet dat jo säi Wee an da gëtt jo dann derno gekuckt. Da mécht de Parquet seng Instruktioun, d'Police rëfft d'Leit an esou weider an esou fort. An dann hutt Der d'Ururteilungen. Do kann ech da soen: 2018 waren 8 Ururteilungen, 2 Fräispréich; 2019 6 Ururteilungen; 2020 9 Ururteilungen an 3 Fräispréich; an 2021 5 Ururteilungen an 1 Fräispröch.

De Message, awer nach eng Kéier, ass einfach deen: Et geet hei net drëm x Ururteilungen ze kréien. Et geet drëm, ze evitéieren, dass et dozou kënnst. An ech mengen, dass d'Corinne Cahen an de Claude Meisch do och nach kënnen erklären, wat mer do alles maachen, fir dat eeben ze evitéieren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Sou, dat misst domadder kloergestallt sinn. Merci der Madamm Justizministeresch. An d'Wuert geet elo un d'Madamm Familljeministesch, d'Madamm Corinne Cahen.

■ **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Jo, merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, also ech ka mer ganz schlecht virstellen, dass heibannen een ass, deen nach net vun Hatespeech selwer beträff war. Et geet warscheinlech méi un déi eng wéi un déi aner. Et gëtt der warscheinlech, déi och méi liese gi wéi anerer. „Was ich nicht weiß, macht mich nicht heiß!“ Wann ech net liese ginn, da kréien ech et och vläicht heiansdo net mat. Mee déi, déi dann aktiv och liese ginn, déi trëfft et dann awer och ëmmer perséinlech - wéi gesot, mech op jidde Fall.

E ganz trauregen Héichpunkt vum Hatespeech war ganz kloer d'Flüchtlingswell 2015/2016. Ech hunn zwar villes och um eegene Leif musse spieren, och scho virdrun, iwwer meng Hierkonft, iwwert dat, wat ech virdrun am Liewe gemaach hunn, iwwer mäin Ausgesinn, mee wat ech do gelies hunn 2015, wéi déi Flüchtlingswell war a wou mer just all zesumme probéiert hunn, Leit ze hëllefen, deenen et net gutt gaangen ass, déi aus enger Kriseregion komm sinn, wéi mer probéiert hunn, an Europa Léisungen ze fannen, fir Leit ënnerdaach ze huelen, wat een do alles huet musse liesen, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee uechter ganz Europa, dat war schonn immens krass. A wéi gesot, och hei zu Lëtzebuerg!

Dofir huet de Regierungsrot am Juli 2016 d'Decision geholl, fir eng Ulafstell ze grënnen, déi eng Berodung a Begleedung vu Persounen ubitt, déi vun Extremismus a Radikalisatioun beträff sinn, well doriwwer ganz vill rieds gaangen ass dee Moment. Op déi Decisioun hi gouf d'ASBL SOS radicalisation gegrënt, déi zanter dem Juli 2017 de Préventions- a Berodungsservice respect.lu, Centre contre la radicalisation, geréiert.

Mir hunn et haut héieren, ech mengen, jiddwereen ass sech bewosst, dass den Opruff zum Haass an der Gesellschaft zu engem groussen Problem gëtt. Den Austausch iwwer Internet, virun allem d'sozial Medien: Do ass et net ëmmer respektvoll, do ass et net ëmmer objektiv. Dat kann heiansdo extreem ausaarten. Dat gëtt ganz dacks leider immens perséinlech an diskriminéierend. D'Meenungsfreiheet gëtt leider regelméisseg iwwerschrott. Dat ass e Grondwäert an ech bleiwen och dobäi: D'Meenungsfreiheet ass wichteg, mee et muss een och wëssen, wou d'Friiheit vun deem engen ophält an deem anere seng ufänkt.

A wéi huet d'Sam Tanson elo grad gesot? Et ass ee sech der Envergure vun deem, wat ee schreift, vläicht net ëmmer bewosst. An et muss een dann och op dee Wee goen, dass een de Leit emol erklärt, wat dat op där anerer Säit vum Ecran mat Leit mécht, wat se schreiwen.

Am Joer 2020 huet respect.lu de Projet „Dialog statt Hass“ lancéiert, deen am Kader vum Plan d'action national d'intégration eebe selektionéiert gouf. Zanterhier huet en e grouss Succès. An dofir hu mer och eng Konventioun mat deem Projet gemaach, fir dass en eebe ka weidergefuert ginn.

Dee Projet „Dialog statt Hass“ baséiert op engem erfollegräiche Projet mam selwechten Numm aus Éisträich. Et geet eebe grad drëms, dass Leit, déi opfälleg gi sinn duerch hiren Hatespeech am Internet, och wann déi eebe beim Parquet waren, dass déi da bei respect.lu geschéckt ginn, fir da kënnen mat deenen ze schaffen an ze kucken, ob se da verstinn ... oder ze probéieren, de Leit eeben ze verstoen ze ginn, wéi wichteg et ass, dass ee matenee schwätzt, net iwwereneen, an dass een net Haassparolen um Internet einfach esou an d'Welt setzt.

Déi strofrechtlech Konsequenze beschränke sech nämlech dacks op eng Amende. „Dialog statt Haass“ gëllt dozou als eng alternativ oder eng ergänzend Moosnam. Et ginn am Moment iwwerens 15 Persounen vu respect.lu an deem Kader suivéiert. De Programm dauert sechs Méint. E besteet aus sechs Moduller. Ech géif déi och hei eng Kéier opzielen: Dat ass Meenungsfreiheet, Diskurskompetenz, Deliktverarbeitung, Medienkompetenz, Diskriminierung, Perspektivewechsel. D'Ziler vum Projet sinn eeben, zesumme mam Auteur vum Hatespeech eng Analys vun der Dot ze maachen, eng Selbstreflexioun ze initiéieren, méiglech Ursachen ze analyséieren a méi e respektvollen Émgang mat anere Leit eeben dee Moment och ze errechen.

Ech géif awer hei gäre soen - an, ech mengen, et huet och schonn ee vun de Virriedner dat haut ze bedenke ginn -, dass den Hatespeech am Internet net just e Problem vun deene Jonken ass. Dat sollt een och wierklech eng Kéier esou soen. D'Associatioun wäert deemnächst dofir och e Senioregrupp lancéieren, wou dat dann och thematiséiert gëtt bei aneren Alterskategorie wéi just nëmme bei jonke Leit.

Bon, respect.lu begleet och natierlech Leit, déi sech radikaliséieren oder hiert Émfeld, fir ze kucken, déi ze begleeden, fir se vläicht dorauserauszekréien, hoffentlech. An da schaffe se natierlech ganz enk vernetzt mat aneren Associatiounen op europäeschem Niveau, wéi zum Beispill Yallah!, wou se ganz enk zesumme schaffen.

Jo, incitéiere mécht ee vläicht heiansdo, ouni selwer Hatespeech ze maachen. Dat muss een awer och eng Kéier esou gesinn. Ech mengen, d'Sam Tanson huet elo grad e Plädoyer gehalen, dass mer alleguerte responsabel si fir dat, wat geschriwwe gëtt, och wa mir et net selwer schreiwen, mee mir incitéiere vläicht heiansdo derzou, Saachen ze schreiwen.

Wéi gesot, d'Flüchtlingskris war do e ganz schlimme Moment, wou ganz schlimme Saache geschriwwe gi sinn, och wann am Moment och nees Saache geschriwwe ginn. An do schwätze mer net méi vu Meenungsfreiheet. Et deet mer leed, do geet et net méi ëm Meenungsfreiheet! Ech hunn e puer Extraite matbruecht. Wann ee vun „Drecksasylante“ schwätzt, déi „gekäppt“ misste ginn a vu „Wouscht“. Et deet mer leed, do ass keng Meenungsfreiheet méi! Dat ass keng Meenung. Dat ass Haass, dat ass blanken Haass! An do, wéi gesot, gouf ganz, ganz vill geschriwwen.

Ech hunn e puer Beispiller matbruecht. Ech wëll se awer am Fong geholl net alleguer virliesen, obwuel ech dat virhat. Mee ech mengen, mir sollten och alleguer oppassen, wa mir klicken, wou mer klicken a wat mer liken. Ech hunn nämlech och eppes erëfonnt, wou ee geschriwwen hat: „2018, dann sind wir Gambia und seine Geldsüchtigen los und kein PD-Staat mehr.“ Dat huet een Deputéierten deemools och geliked, déi Ausso do.

Ech wëll elo net méi liesen an och net méi dozou soen, well ech condemnéieren deen net, mee et ass eebe just: Et soll ons wierklech eng Léier sinn, dass mer alleguerte sollen oppassen, wat mer liken, wat mer incitéieren, well et ass net einfach eppes dohinner Geschriwwenes an dat geet da laanscht jiddwereen. Mee, wéi d'Sam Tanson elo richteg gesot huet: Et touchéiert déi Persoun, déi beträff ass. Et ass meenungsbildend fir vill aner Persounen. An do sinn och Leit, déi sech extreem dann eropschaukelen.

An - wie weess? - et huet ee jo am Ausland gesinn, dass och emol Leit dann am richtige Liewen net nëmme méi hannert dem Ecran sech incitéiert fille vläicht, fir aner Saachen ze maachen. Ech mengen, mir sollten alleguerten zesummen dergéint kämpfen a kucken, dass mer an engem gudden Émgangstoun matenee fonctionéieren, och um Internet.

Villmools merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci der Madamm Familljeministesch Corinne Cahen. Parole après ministre fir den Här Paul Galles.

■ **M. Paul Galles (CSV).**- Merci, Madamm Minister. Ech sinn elo ganz frou, dass Der nach eng Kéier op déi ganz Initiativ, déi ronderëm respect.lu entstanen ass, den Dynamismus, och do agaange sidd. Ech hat et och a menger Ried erwänt, also ech mengen, dass et en enorm, enorm wichtige Bäitrag ass an eiser Gesellschaft.

Déi Fro, déi ech awer virdrun och gestallt hat, op déi Dir vläicht eng Äntwert hutt: Souwäit ech verstinn, ass hire Programm vun der Deradikalisierung bis elo just limitéiert op déi, déi eebe bis elo beim Parquet gemellt gi sinn, wou de Prozess nach net ugefaangen huet. An déi Fro, déi ech mer zumindest gestallt hunn, ass, ob et esou e Programm och kéint gi fir déi, déi tatsächlech dann duerch de Prozess gaange sinn, vläicht souguer eeben da condemnéiert gi sinn, déi jo trotzdem dat selwecht Bedierfnes vläicht hätten, fir sech duerch all déi Moduller, déi Der och genannt hutt, do nach eng Kéier an hirer Meenung beziungsweis an hirer Haltung zur Gesellschaft oder zu gewëssene Gruppen an der Gesellschaft ze veränneren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Galles. An d'Wuert geet zréck un d'Madamm Familljeministesch.

■ **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Jo, d'Fro ass interessant. Ech muss kucke mat respect.lu, wéi wäit si ginn an hirer Berodung respektiv an der Begleedung vu Leit, déi da vläicht och scho condemnéiert sinn.

Wéi gesot, respect.lu ass jo am Fong gebuer aus enger Radikalisierungsangscht, déi mer haten, dass verschidde Leit sech radikaliséiert hunn. Et waren och Leit zum Beispill a Syrie gaangen, fir ze kämpfen, wou mer gesot hunn, mir brauchen onbedéngt en Usriechpartner och fir Enseignanten, och fir Elteren, wa se mierken, dass hir Kanner sech radikaliséieren. Do ass jo am Fong geholl respect.lu gebuer ginn dee Moment, den SOS Radicalisation.

An elo hu se eeben duerch e Projet, deen an der Integratioun zustane komm ass, wou se do ënnerstëtzt gi sinn, sech och nach eng Kéier méi wäit ausbreiten, fir do mat den Auteurs vun Hatespeech och ze schaffen.

Mee ech muss do nofroen, awéifern, wa Leit bis condemnéiert sinn, déi dann och automatesch vum Geriicht vläicht recommandéiert kréien, bei respect.lu ze goen, oder ob se souguer méi wéi recommandéiert kréien, dohinner ze goen; dat kann ech lech elo net direkt beäntwerten. Mee d'Fro ass ganz interessant, ech wäert dat nofroen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Galles fret nach eng Kéier d'Wuert.

■ **M. Paul Galles (CSV).**- Jo, et fält mer elo nach eng aner Fro an, déi ech elo just vergiess hunn, déi ech awer och a menger Ried virdrun hat. Et ass nämlech d'Fro ... mir schwätze jo elo virun allem vun den Täter. A wa mer awer elo eng Kéier de Bléck werfen op d'Affer, eeben déi Mënschen, déi beträff dovunner sinn an déi dann awer an engem Prozess mussen aussoe goen: Wann ech et richteg verstanen hunn, hu mer am Moment keng Organisatioun, déi derfir zoustänneg ass, fir dee Moment déi Mënschen ze begleeden, fir déi et jo emotional ka ganz schwierig sinn, dann nach eng Kéier op d'Geriicht ze goen, mussen auszesoen, vläicht souguer konfrontéiert ze gi mat Leit oder mat Aussoen, déi dann iwwer si gemaach gi sinn.

Dat ass nach eng Kéier eng Fro, ob dat net eng Lacune ass, ob do net nach iergendwou eppes, eng Organisatioun misst an deen doten Optrag eraustoussen, well eebe grad dat do och gebraucht gëtt.

■ **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Ech mengen, et gëtt de SCAS an aner Administratiounen an Organisatiounen an Associatiounen, déi och Affer begleeden, ganz sécher. An ech mengen, déi sinn och breet gefächert. Mir hunn och d'Berodungsstellen an esou weider. Dat heescht, do gëtt et scho vill.

Mee effektiv, heiansdo weess een net, wou ee sech soll hiwennen. Ech kucken nach eng Kéier op d'Justizministeresch, fir d'Affer och ze begleeden op d'Geriicht. Ech huelen un, dass de SCAS jo esou Saachen och mécht am Sënn vun den Affer, wa se eeben attackéiert gi sinn duerch Haass am Internet, fir ze begleeden.

Mee mir schaffen do mat villen Associatiounen zesummen. Also, et ass net respect.lu. Déi maachen dat net. Déi sinn net derfir do. Respect.lu ass schonn do, fir mat den Täter, wann ech et dann esou ka soen, oder mat deenen, déi Haass am Internet geschriwwen hunn, fir mat deenen eeben d'Aufgab ze maachen, ze kucken, ob se verstinn, dass dat awer aner Leit och blesséiert respektiv dass se dat net nach eng Kéier solle maachen. Dat heescht, respect.lu ass do schonn éischter fir déi Leit, déi eeben Haas um Internet verspreet hunn, fir mat deenen ze schaffen, dass dat net méi geschitt.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Cahen. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo den Här Minister fir Educatioun, Jugend a Kanner, den Här Claude Meisch.

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Ganz kuerz vläicht och nach eng Kéier e Bléck op déi Jonk an op dat, wat mer an eise ganze Bildungswiese maachen, preventiv maachen, fir déi Jonk eigentlech vum Hatespeech





ewechezhalen, fir se ze stäerken, wa se Affer gi sinn, a fir ze kucken, datt se net Täter ginn.

An ech si frou, datt virun allem zwou Virriednerinnen, d'Stéphanie Empain an och d'Carole Hartmann, ganz staark dorop agaange sinn an op d'Wichtigkeet vun eise Bildungsstrukturen agaange sinn, awer och schonn zitéiert hunn, wat mer maachen duerch ganz vill Initiativen.

Ech mengen, bal kee Riedner stoung hei uewen an huet Bee Secure net erwäant de Mëtteg. An dat weist, wéi wichteg datt déi Instanz ass, fir Preventiounsarbecht och ze maachen. Déi huet jo d'Missioun, fir grad Jonken an awer och net Jonken d'Geforen och vun der Digitaliséierung, den digitale Medien, de soziale Medien nozebréngen an ze prevenéieren. An dorëms geet et jo och, well eeben Hatespeech ganz dacks an de soziale Medien, am virtuelle Raum stattfënnt, ze kucken, datt Jonker deem net hëlleflos ausgesat sinn.

An eleng déi Zuel vu quasi 1.000 Sessiounen, déi an de Grondschoulen, an de Lycéeën, an de Maison-relais am Laf vun dësem Joer scho geleescht goufen, weist och, wéi breet datt dat op eng konkret Nofro vun de Schoulen, vun den Enseignanten a sécherlech och vun de Kanner trëfft.

Mee nieft dem Bee Secure gëtt et eng ganz Rei vun aneren Initiativen. Mir probéieren och, Jonker déi ënnerschiddlech Aspekter nozebrénge vun der Digitaliséierung, an do sécherlech net nëmmen déi technesch Aspekter, mee och déi sozial Aspekter, Aspekter vum Zesummeliwwen, vum Kommunikéieren am virtuelle Raum.

Gutt kommunikéieren oder och emol manner gutt kommunikéieren, dat muss och fir all Jonken zum Thema ginn an dat ass dann och Géigestand vun engem neie Schoulfach am Fundamental, nämlech dem Coding, vun engem neie Schoulfach, wat zanter e puer Méint ugelaft ass am Secondaire op den ënneschte Klassen, wou also all Schülerin, all Schüler och wäert derduerchgoen, dem Schoulfach „Sciences digitales“, wou mer eeben och op déi doten Aspekter, d'Gefore vun der Digitaliséierung, och déi am Alldag, déi op déi Jonk scho lauer, aginn a kucken, deene Jonken d'Aen opzemaachen, matzäiten d'Aen opzemaachen.

Ech wëll awer nach emol drop opmierksam maachen, datt Hatepeech jo net nëmmen eppes mat Digitaliséierung, mat soziale Medien ze dinne huet. Et ass eng Fro, wéi mer zesummeliwwen, wéi e jonke Mënsch léiert, sech selwer eng Meenung ze maachen, awer och deem anere senger Meenung nozelauscheren, respektvoll nozelauscheren, an och seng eege Meenung emol erëm eng Kéier kënnen ze hannerfroen a vläicht och ze changéieren opgrond vun Erfarungen, opgrond vun Argumenter, opgrond vun deem Zesumme-Kommunikéieren, den Austausch zesummen ze hunn an de Wee no der leschter Wourecht, deem een do wëllt sichen.

An dat ass eppes, wat am Zentrum vun engem anere Schoulfach steet, nämlech „Vie et société“, fir deene Jonke bäizebréngen, datt se eeben net eleng mat hirer Meenung op dëser Welt sinn, mee datt et ganz vill anerer gëtt, déi och emol eng aner Meenung kënnen hunn, an déi Meenung gradesou déi Plaz an eiser Gesellschaft muss hunn, mat kloer Limitten awer och, déi och do musse gesat ginn, weini eigentlech och de Respekt opzehalen huet par rapport zu Meenungen oder Verhalen, déi eigentlech net méi kënnen toleréiert ginn.

Dat, denken ech, ass eeben och wichteg, fir et als normal erschéngen ze loosse, datt een eeben ënnerschiddlech ass, ënnerschiddlecher Meenung ass, mee awer ganz gutt matenee kann eens ginn, matenee kann zesummen och emol eppes maachen oder och emol an engem Punkt net eens ass a fir de Rescht sech ganz gutt kënnen ze respektéieren.

Allgemeng ass et esou, wéi ech ganz dacks soen: All Effort vu Bildung bei jonke Leit muss een Zil hunn. An dat ass nämlech, dee jonke Mënsch ze stäerken. An dat ass och en Aspekt, deem hei beim Hatespeech esou wichteg ass, well e jonke Mënsch, deem Affer gëtt vun Hatespeech, ass méi staark a kann dat besser ewechstiechen.

An ech denken och, e jonke Mënsch, dee staark gëtt, dee gëtt manner schnell Täter. Well wann ech selwer u mech gleewen, wann ech selwer u meng Meenung gleewen a wann ech d'Stäerkt hunn, déi kënnen ze verteidegen, mat Argumenter anzetrieden do derfir, da brauch ech net zu deene Methoden ze gräifen, zu deene kuerze Condamnatiounen, déi hei de Mëtteg dann och e puermol erëm nees zitéiert gi sinn an deenen eenzelne Bäiträg. Da weess ech, datt ech dat anescht ka maachen, mech anescht mat anere Mënsche kann ausenansetzen, well ech d'Vertrauen a mech selwer hunn, an dat, wat mech auszeechent, an och an déi Meenung, déi ech hunn an déi ech no bausse wëll vertrieën.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Mir hunn e

Prozess gehat bei eis am Ministère, am Observatoire de la qualité scolaire, dee sech mat den Zukunftskompetenze vum 21. Joerhonnert beschäftegt huet. Do gëtt et eng, déi essenziell wichteg ass, an dat ass kritescht Denken. Well ech mengen, et geet net drëms, wa mer Hatespeech wëllen evitéieren, datt mer kee méi sollen encouragéieren, eng Meenung ze hunn! Et geet net drëms, näischt méi dierfen ze soen! Mee et geet awer och drëms, ze denken, éier ech schwätzen.

An duerfir geet et eeben drëms, och jonke Mënschen e kritescht Denke mat op de Wee ze ginn, anerer kritesch ze hannerfroen, Positiounen, déi gesellschaftlech vläicht breet gedroe ginn, kritesch ze hannerfroen, eppes, wat d'Jugend jo ëmmer nees gemaach huet a wat extreem wichteg ass fir d'ganz Gesellschaft, datt d'Jugend dat hannerfreet, wat se virfënnt. An ech denken awer och, fir sech selwer ëmmer nees kritesch ze hannerfroen.

Ech mengen, datt dat och derzou bäidréit, datt een einfach méi respektvoll par rapport zu anere Mënsche ka liewen a mat hinne kann ëmgoen.

E lescht Wuert vläicht nach einfach. D'Schoul ka viles maachen. Aner Bildungsariichtunge wéi Betreuungsstrukturen, Jugendhaiser, aner Initiative kënnen ganz, ganz viles maachen, scheitern awer, wa mir als Erwuessener et net fäerdegbréngen, e gutt Virbild ze ginn.

An duerfir, mengen ech och, war dës Debatt hei wichteg, fir och iwwer Hatespeech ze schwätzen an deenen Erwuessenen och kloerzemaachen, datt dat, wéi mir et virliwwen, als eng Normalitéit gesi gëtt a vun deene Jonke ganz dacks nogemaach gëtt. An duerfir sollte mer deen Echange do fleege, hei am Haus an awer och dobaussen, nämlech iwwer Hatespeech ze schwätzen an drop hinzeweisen.

Villmools merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Educationminister Claude Meisch. D'Diskussion ass ofgeschloss.

#### Résolution et motions

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vun de Motiounen respektiv der Resolution.

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1. Dat ass déi Motioun, déi vun der Madamm Carole Hartmann deposéiert ginn ass. Den Här Gilles Roth freet d'Wuert.

#### (Interruptions)

■ **Une voix.** - Dat ass d'Resolutioun.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - D'Resolutioun ass vun der Madamm Empain.

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Dat ass d'Resolutioun.

#### Résolution 1

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech hat gesot, mir géife mat der Motioun ufänken! Mir kënnen awer och mat der Resolutioun ufänken. Da fänke mer mat der Resolutioun un. Dat ass u sech déi Resolutioun, déi vun der Madamm Empain deposéiert ass ginn. An da kritt den Här Gilles Roth d'Wuert, fir zu der Resolutioun Stellung ze bezéien.

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Well et war och déi, déi d'Nummer 1 hat, an duerfir ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - D'Motioun huet och d'Nummer 1, déi vun der Madamm Hartmann, och wann dat zwee Puer Schong sinn!

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Gutt! Also zur Resolutioun. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, d'Positioun vun der CSV iwwert d'Haassriede vu Politiker an awer och géint Politiker, dat huet de Paul Galles am Numm vun der CSV gemaach. An do ass och näischt bäizéigen.

An et huet ee gesinn, opgrond vun deene villen Interventiounen, déi komm sinn, souwuel vun de Membere vun der Chamber wéi och vun deenen dräi Regierungsvertreider, dass et dach schwierig ass, fir e gesonden Equilibre ze fannen tëschent engersäits: „Wat heescht dat, Meenungsfräiheet?“ an anerersäits och: „Wou hält Meenungsfräiheet op a wou fänken d'Perséinlechkeetsrechter vun anere Persounen un?“

An ech hunn dat besonnesch gutt fonnt, dass d'Madamm Tanson, d'Justizminister, Referenz gemaach huet op den Ecrit, wou se déi verschidde Forme vun dem Haassspeech, oder wat do kann drënnerfalen, ugeschwat huet.

Ech wëll awer zweetens och ganz kloer am Numm vun der CSV soen, an aller Serenitéit, dass heibanne keen de Monopol vun der Victimisatioun vun dem Hatespeech huet. Dat zielt net fir den eenzelnen Deputéierten, dat zielt net fir eng Fraktioun, dat zielt och net fir d'Majoritéit, grad wéi et och net fir d'Oppositioun soll zielen.

#### (Interruptions)

Den drëtten Punkt ass dee vun der Resolutioun. Mir hunn dat mat Attentioun gekuckt. Ech wëll dat och

ganz nuancéiert verstane gesinn, wat mer am Numm vun der CSV soen.

Selbstverständlech sinn déi Zilsetzungen an och Orientéierungen, déi an där Resolutioun stinn, allegueren ze ënnerstëtzen. Ech wëll awer just op e legale Kader hiweisen, deem een awer menger Usicht no net kann einfach ausser Uecht loosse. Et gëtt hei gefrot, dass een de Code de déontologie - ech mengen, et ass éischter de Code de conduite vun den Deputéierten -, dass een dee sollt adaptéieren « ... afin d'y insérer des dispositions relatives au discours de haine ».

Déi Fro, déi mir eis stellen, dat ass déi: Ass esou eng Bestëmmung kompatibel mat dem Artikel 68 vun der Verfassung? Den Artikel 68 vun der Verfassung, dee gesäit eigentlech d'Immunitéit vun Deputéierte vir, dass en Deputéierten op dëser Plaz - an och esou, wéi de Staatsrot a sengem Buch „Gardien de la Constitution et des Droits et Libertés [...]“ dat virgesäit -, eng Immunitéit huet iwwert déi Opiniounen, déi en ausdréckt. Dat heescht, en Deputéierten huet op dëser Plaz eng „liberté de tribune“. Wéi wäit dass dës Plaz geet, dat ass ënnerschiddlech ze bewäerten.

Ech wëll awer just drop hiweisen, dass déi Immunitéit vun den Deputéierten, net zulescht opgrond vun dem Urteel Gibéryen, eng ganz aner Konnotatioun huet, wéi se nach viru Jore vläicht méi limitativ an der Chamber gesi gouf.

Dat ass also eng kloer Fro, déi mer stellen an déi och bewierkt, dass mer déi Resolutioun hei méi nuancéiert kucken.

Den zweete Punkt ass deen: Formatiounen, eng Offre de conseil iwwert d'Discours de haine fir d'Deputéierten. Wa Leit mengen, si missten esou eng Formatioun hunn, bon, da kënnen se déi kréien, wa se der Meenung sinn, dass se net selwer sech déi Responsabilitéiten operleeën.

An da kënt den drëtten Punkt, dat ass « à demander aux personnes victimes de discours de haine ainsi qu'à la société civile de témoigner sur leurs expériences au sein de la Chambre des Députés si elles le souhaitent ». Dat géif also konkret heeschen, dass, wa Leit Victime vun Discours de haine sinn, se net de classesche Wee ginn, wéi dat ugeschnidden ass, nämlech sech un d'Gericht, un d'onofhängeg Gerichter ze adresséieren, mee dass se dat och kéinten hei an der Chamber virbréngen.

Dat kann een natierlech verlaangen. Mir sinn op jidde Fall als CSV der Meenung, dass, am Sënn vun der Gewaltentrennung a well jo och den Discours de haine penalrechtlech ëmfaasst ginn ass, eigentlech déi Plaz, ob een der Meenung ass, dass ee Victime vun engem Discours de haine ass oder net, dass dat onofhängeg Gerichter sinn, mat alle Méiglechkeeten, fir esou Discours-de-hainen un d'Gerichter weiderzeginn, a mat och alle Méiglechkeeten, well och de Code de procédure pénale virgesäit, dass och Associatiounen, déi op deem Gebitt aktiv sinn, d'Victime kënnen aktiv ënnerstëtzen a souguer selwer sech kéinten als Partie civile constituéieren.

Dee Problem, dee mer hei gesinn, dat ass ok, mir ginn da Leit, déi Victime vun engem Discours de haine sinn, Zougang an d'Chamber! Wat soe mer dann zu deene Leit, déi Victime vu Mobbing sinn? Wat soe mer zu deene Leit, déi Victime vun enger Aggression sexuelle sinn, vu sexueller Exploitatioun? Wat soe mer zu deene Leit, déi Victime si vun enger Violence domestique?

Ech wëll net eng Nuanciatioun hei vu verschiddeenen Infraction-pénalle maachen, mee ech wëll just soen, dass jiddwereen an deenen Infractionen, déi ech elo ugeschwat hunn, sech ënnerschiddlech als Affer ka fannen. An duerfir, soen ech ganz éierlech, hu mer awer domadder gewëssen Apprehensiounen.

Duerfir nach eng Kéier nuancéiert: Mir stinn zu deenen Ziler, wéi se hei an der Resolutioun virgesi ginn. Mir sinn awer opgrond vu juristesche Froen, déi missten am Virfeld gekläert ginn ... Ier d'Chamber hei iwwer esou eppes ofstëmmt, géife mir proposéieren als CSV, dass een déi Resolutioun hei an de Bureau vun der Chamber géif verweisen, fir déi Aspekter, wou ech der elo dräi ugeschnidden hunn, fir déi ze klären, gegebenefalls mat Avis-juridiquen, an dann och zäitno - eis ass dat egal, wann dat gepréift ass, souguer nach virum Enn vum Joer - eng Kéier géifen zrëckkommen. Dat wier op jidde Fall déi Demande, déi mir géifen als CSV stellen.

Ech wëll dat hei, wuelverstanen, ech wëll dat nach eng Kéier soen, net dass dat hei pauschal géif an en Dëppe gehäit ginn: „Jo, d'CSV, deen ee schwätzt fir de Combat géint den Discours de haine an deenen aneren, dee kuckt dat aneschtens.“ Neen, hei si juristesche Elementer, déi mer virbréngen, wou mer soen, mir hu Problemer, fir iwwert déi Resolutioun do haut einfach esou onnuancéiert ofzestëmmen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Roth. D'Madamm Josée Lorsché huet d'Wuert gefrot.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Jo, villmools merci, Här President. Ech mengen, d'Zil ass genee dat selwecht fir eis alleguer, hoffen ech och. An ech si frou, datt de Gilles Roth dat och elo betount huet. Et geet wierklech net drëms, hei Meenunge géint Meenungen auszeschluuechten, mee un engem Strang ze zéien.

Ech wëllt just awer nach eng Kéier drop hiweisen, datt dee Code de déontologie jo net vergläichbar ass mat engem Gang op d'Gericht. Mir sollen eis Reegele ginn, un déi mer eis sollen halen. Deontologie heescht jo, mir halen eis all un dat, wat mer eis selwer ginn. Dat ass kloer. Dat verënnert jo net, datt och niewendrun e Prozess ka lafen. Ech mengen, dat steet deem net am Wee.

An och, wa Leit hei temoignéieren, déi wierklech sech wëllen ausdrécken, wat se erlieft hunn, hire Vecu, ass et nach ëmmer méiglech, deene Leit nozelauscheren.

Mee wéi esou oft, wa mer eis eng Resolutioun ginn, fanne mer et awer och begrëssenswäert, datt Der bereet sidd, dee Prozess am Bureau ze beschwätzen, fir d'Detailer ze klären. A mir ginn och gär mat op dee Wee, fir do iwwert déi eenzel Dispositiounen dann nach eng Kéier méi am Detail ze kucken.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Lorsché. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Op den éischte Bléck klénkt alles an där Resolutioun super. Et ass eppes, wat ee mat zwou Hänn kéint ënnerschreiwen. Et hu jo och dräi Hänn et gemaach, fir se ze deposéieren.

Ech hunn awer ..., ech mengen, d'Fro, déi de Gilles Roth opwerft iwwert de Code de déontologie oder de Code de conduite, ech mengen, datt et do schonn op d'Terminologie ukënn. Deontologie ass, wéi eng Reegele mer eis ginn hu betreffend Donen, Transparenz, Finanzen. De Code de conduite ass, wéi mer eis heibanne behuelen an och wat ënnereenen d'Behuelen ugeet. An ech mengen, datt et sech dann éischter am Code de conduite erëmfannen hätt, wa mer eis dat da géife ginn, wéi an engem Code de déontologie.

An da stelle sech natierlech eng ganz Rëtsch juristesche Froen, déi mer elo an deene puer Minutten hei net erërtet kréien. Duerfir fënnt d'Propos, fir et am Bureau ze maachen, eis Ënnerstëtzung. Ech hunn awer vill méi e fundamentale Problem vläicht mam véierten Engagement, dat mer eis géife ginn, nämlech datt mer hei géifen ... an ech mengen, datt d'Majoritéit dat hei wierklech mengt, Victime am Sënn vun engem Affer sinn, nodeem en Urteel koum, bei deem kloer ass: Dat do si Victime vun engem verurteelte Stroftäter.

Mee da stellen ech mer awer d'Fro: Wat maache mer da mat all deenen anere Kategorien u Victimmen, déi et awer gëtt? Maache mer elo eng Kategoriséierung, wat ech ganz schued géif fannen? Et ass sécher, datt Hatespeech schlëmm ass fir d'Victimmen, mee esou ass sexuellen Abus, esou ass e Vole, esou ass iergendeng aner Attack op d'Persoun, op hire Besët, op hir Psyche. Ech mengen, datt mer wierklech mussen oppassen, datt mer net herno hei aus eiser Chamber en „open mic“ maachen, deen all Victime no iergendengem Ranking, dee mer eis géifen etabléieren, dann zu Wuert komme léisst.

Ech begrëssen, datt mer Visibilitéit fir d'Situatioun wëlle schafen. Mee ech weess net, ob et sënnavoll ass, dat elo hei mat enger Dispositioun fir een Typus vu Victimmen ze maachen. Well wat soe mer dann deenen anere Victime vun anere Crimen? Wat soe mer deenen? Soe mer hinne: „Kommt och?“ Dann, mengen ech, komme mer net méi zum Schaffen, well et gëtt all Dag vill Victimmen.

Dat heescht, esou sympathesch wéi et mer ass, esou wichteg et ass, Visibilitéit ze schafen, weess ech net, ob den Invite 4, den Engagement 4 eppes ass, wat praktesch iwwerhaapt ëmsetzbar ass. Also wann, da kënnen mer héchstens domat averstane sinn, et am Bureau ze thematiséieren, soss misste mer eis leider enthalen, well dat doten ass a mengen Aen einfach net ëmsetzbar. A mir géifen hei eenzel Victimmen iwwer aner Victime setzen, an dat kann net eis Zoustëmmung fannen. Et deet mer leed.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Clement. An da wier et un der Madamm Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).** - Jo, villmools merci. Also mir begrëssen dës Resolutioun, géife se och matdroen, virun allem de Punkt vun de Formatiounen. Ech hunn elo virdrun hei héieren, dass deen, dee mengt, e bréicht dat, dat maache sollt. Ech mengen net, dass een dat esou sollt gesinn. Ech mengen, mir brauchen alleguerte Formatiounen, jidderee vun eis, net just heibannen, mee iwwerall.

Ech hu gëschter vun deem koloniale Brëll geschwat an ech mengen, dee géillt fir jiddweree vun eis. Mir hunn all Virurteeler, déi mer net gesinn. An dofir déi





Fro vu bewosst oder onbewosst, mir droen alle-guerde bewosst an onbewosst Viruteeler an eis an ech mengen, dofir si Formatiounen ëmmer fir jidd-weree gutt.

Dat gesot, mir droen dat mat. An ech géif och hei net wëllen déi eng Victime géint déi aner Victime ausspillen, wat elo hei vun deem véierte Punkt gesot gouf. Ech verstinn zwar déi Bedenken, wat dat ugeet, mee ech mengen, da sollt een deenen aneren och eventuell d'Méiglechkeet ginn, heihinner ze kommen an déi dann net ausschléissen. Mee dat ass kee Grond, fir dat heiten elo net matze-droen.

Villmools merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Oberweis. An dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Här President, ech wëll elo net widerhuelen, wat scho Virriedner gesot hunn, mee grosso modo kann ech mech villem vun deem uschléissen, wat scho gesot ginn ass op der Säit vun den Oppositionsparteien. Awer just vläicht zwou Bemierkungen. Dat Éischt ass: Ech mengen net, dass mer hei sollten an eng Mentalitéit erafale vun Émerzéiung a Selbstuklo. Dat gehéiert an aner, totalitär Regiminnen. An ech hunn net déi Nostalgie wéi anerer se heibannen anscheinend hunn, fir elo ze soen, dass mir eis all sollen do engem Erzéiungsprogramm ënnerwerfen. Op jidde Fall mengen ech, dass ech vun esou enger generéisier Offer net wëilt profitéieren.

Dat Zweet, wat ech wëll soen, dass ass, dass mer net sollten de Rôle vun der Chamber verwiessele mam Rôle vun der Regierung. Well et ass u sech net un der Chamber, Informationscampagnen ze lancéieren oder esou an déi Aktivitéiten eranzegoen.

Ech mengen, wat mer kéinte maachen als Chamber, wa mer eis dann dorobber kënnen eenegen, dass ass, d'Regierung opzefuerderen, dass ze maachen. Déi huet ganz aner Moyene, fir dass ze maachen. Dass och fir si eppes, wat se ka maachen. Mee dass mir elo als Chamber ufänken, esou Aktivitéiten ze maachen, mengen ech, dass depasséiert och eis Méiglechkeeten, personell, materiell an eis Erfahrungsméiglechkeeten. Mir sollten eis op eis Aarbecht konzentréieren, déi legislativ. A wa mer mengen, dass dat hei muss gemaach ginn, da solle mer d'Regierung beoptragen, fir dass ze maachen. Dass kéinte mer.

Ech géif et och begréissen, wa mer et hei kéinten am Bureau mat diskutéieren a vläicht do eng Léi-sung fannen. Wa se an dëser Form géif zur Ofstém-mung kommen, da géife mer se net matdroen, och well Elementer vun Zensur hei ugeduecht sinn. A wéi ech virdru konnt erklären, ass eis Partei net der Meinung, dass mer sollten net den Hatespeech, mee d'Meenungsfreiheet zensuréieren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Ech spieren e ganz breede Konsens, fir dës Resolutioun un de Bureau ze verweisen.

**Vote sur le renvoi de la résolution 1 au Bureau de la Chambre des Députés**

Wien domadder d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Da wäerte mer eis am Kader vum Bureau mat dëser Resolutioun befaassen.

**Motion 1**

Da komme mer zur Motioun Nummer 1. Dass ass déi Motioun, déi vun der Madamm Carole Hartmann deposéiert ginn ass. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Dass ass net de Fall.

**Vote sur la motion 1**

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domat ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

**Motion 2**

Da kéime mer zu där Motioun, déi vun dem Här Sven Clement deposéiert ginn ass a bei där et drëm geet, fir déi Fäll vun Hatespeech a Fakenews kënnen an enger Référéspzedur schnell an effikass ze jugéieren. Wie wëllt nach zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Bon, mir fannen dee System ganz sympathesch. Blouss mengen ech, dass dass souwiso elo schonns geet, well de Référé voie de fait eng normal Prozedur ass, déi am Code de procédure civile virgesinn ass, an dass een och hautdesdaags iwwert de Wee vun engem Référé dass souwiso kéint kuerzfristeg ënnerbannen.

Duerfir ass - also, wéi soll ech dass elo soen - d'Zilsetzung eigentlech déi selwecht, déi den Här Clement mengt. Mir sinn awer der Meinung, dass

d'Mëttelen, fir déi Zilsetzung ze erreechen, elo schonns an der normaler Prozedur vum Référé voie de fait virgesi sinn. An duerfir géife mir eis bei dëser Motioun enthalten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Roth. Da ginn ech d'Wuert un den Här Charles Margue.

■ **M. Charles Margue (déi gréng).**- Ech géif dem Här Clement proposéieren, déi Motioun an d'Justizkommissioun ze huelen. Ech brauch do elo net op den Detail anzegoen, well bei den Tireten, déi Der ginn hutt, notament de véierten, ass et net evident, wéi een dass gesäit.

Mir hu besser, mir schwätzen a Rou am Detail an der Justizkommissioun nach eng kéier, wann Der domat d'accord sidd, da kënnen mer dass klären. An et ass net jo/nee. Dofir géif ech dass léiwer a Presenz dann och vun anere Leit, déi haut an der Diskussioun waren, a mat anere Juriste wéi dem Gilles Roth a senge Kolleegen an all deene Memberen, déi an där Kommissioun sinn, diskutéieren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Margue. Ech ginn d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Motioun, den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Ech ka mat där Propos ganz gutt liewen. Et wär vläicht sënnvoll, an där Justizkommissioun dann och een ze associéieren, deen sech mam aktuellen Entworf vum DSA, dem Digital Services Act, auskennt, vu dass dee potenziell jo och en Impakt heirobber huet. Mee mir kënnen dass gären an d'Kommissioun huelen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

**Vote sur le renvoi de la motion 2 en commission**

Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass dës Motioun an d'Kommissioun verwisen. Dës Punkt ass domadder ofgeschloss.

**(La motion 1 de M. Sven Clement est renvoyée à la Commission de la Justice.)**

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 119 vum Här Laurent Mosar iwwert d'national ...

### 3. Dépôt d'une motion par M. Sven Clement

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ech hunn eng Motioun!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Sven Clement kritt nach d'Wuert fir den Depot vun enger Motioun. Ech hat gemengt, dass wier déi vu virdru.

**Exposé**

■ **M. Sven Clement (Piraten), auteur.**- Nee. Merci. Pardon, Här President. Dann hate mer eis do falsch verstanen. Merci awer fir d'Wuert. Jiddweree vun eis - an do sinn och eng Rëtsch Question-parlemen-tairen ënnerwee gewiescht - weess, dass gefälscht CovidCheck-Certificaten ënnerwee sinn. Jiddweree vun eis huet héieren, dass et do Justizprozedure gëtt, dass Plaintë gemaach goufen. A Stand viru fënnef Minutten konnt een nach ëmmer mat der Lëtzeburgerescher CovidCheck-App en Impfcertificat vum Adolf Hitler, gebuer den 01. Januar 1900 laut sengem Certificat - dass ass zwar och falsch -, als gréng scannen. Dee Certificat ass Stand haut an der CovidCheck-App nach ëmmer gültig.

Aner Länner, Däitschland, Frankräich, hunn et fäerdegbruecht, fir an hire jeeweilegen Appen déi Certificates explizitt op eng Blacklist ze setzen, déi ofline fonctionéiert, dass heescht, duerch eng Mise à jour duerch d'Synchronisation mam Backend sinn déi Fingerprints techesch gesinn op eng Blacklist gesat ginn an doduerjer kënn dann och direkt e Message: „Dës Certificat ass ongültig.“

Ech mengen, mir sollten eis alleguerten eens sinn, dass eis CovidCheck-App och bei falsch ausgestallte Certificate sollt kloer weisen: Dass heiten ass e falsch Certificat. A vu dass dass elo säit iwwer enger Woch - ech géif souguer soen, iwwer zwou Wochen - de Fall ass, dass dee Certificat zu Lëtze-buerg bekannt ass, hunn ech hei eng Motioun mat-bruecht, déi d'Regierung géif invitéieren, d'Covid-Check-Applikatiounen esou séier wéi méiglech ze aktualiséieren fir ze verhënnern, dass déi aktuell bekannte gefälschte Certificate weiderhi vun der App als valid Dokumenter unerkannt ginn an d'Applikatiounen esou unzepassen, dass dass eeben och offline ka geschéien. Ech profitéiere vun der Presenz vum Minister fir Digitaliséierung, fir dass ze deposéieren.

Ech soen lech Merci.

**Motion**

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

- dass aktuell an Europa vill iwwer gefälschte Covid-Impfcertificate bericht gëtt an esou Certificaten och schonn zu Lëtzebuerg opgetaucht sinn;

- dass ënner anerem Däitschland, Frankräich an Ita-lien scho Mesuré geholl hunn, fir dass gefälschte Certificaten esou séier wéi méiglech net méi als valid Dokument vun de Kontroll-Applikatiounen vun den eenzele Länner erkannt ginn;

- dass d'Madamm Gesondheetsministesch an der Chamberssëtzung vum 16.11.2021 gesot huet, dass der Regierung bekannt ass, dass esou Certificaten zirkuléieren an entspreichend Dossierieren och schonn un d'Justiz weidergeleet goufen;

- dass eng Rei gefälschte Certificaten, déi op de soziale Reseauen an de vergaangenen Deeg vill gedeelt gi sinn an dofir eng bestëmmte Bekanntheit erreecht hunn, a villen EU-Länner vun de jeeweilege Kontroll-Applikatiounen net méi akzeptéiert ginn an awer trotzdeem nach weiderhi vun der CovidCheck-Applikation ugeholl ginn.

Aus dës Grënn invitéiert d'Chamber vun den Depu-téierten d'Regierung:

1. d'CovidCheck-Applikation esou séier wéi méiglech ze aktualiséieren, fir ze verhënnern, dass déi aktuell bekannte gefälschte Certificate weiderhi vun der App als valid Dokumenter erkannt ginn;

2. d'Applikation esou unzepassen, dass de Finger-print vun engem Certificat zu all Moment a kierzter Zäit an der App kann hannerluecht ginn, esou dass d'Applikation beim Scanne vun engem esou han-nerluechte gefälschte Certificat direkt uweist, dass et sech ëm eng Fälschung handelt.

(s.) Sven Clement.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

### 4. Question élargie n° 119 de M. Laurent Mosar au sujet de la stratégie nationale en matière de cybersécurité

Da komme mer elo awer zur erweiderter Fro Num-mer 119 vum Här Laurent Mosar iwwert déi na-tional Strategie am Beräich vun der Cyber-sécherheet. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dir kennt d'Reege-len. Dir hutt fënnef Minutten Zäit, fir Är Haaptfro ze stellen, no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro, an der Regierung stinn zéng Minutten zou.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President. Dir hat mer dass schonn eng kéier dës Woch en long et en large explizéiert.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Schonn zweemol, Här Mosar.

**(Hilarité)**

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Et ass awer gentil ...

■ **Une voix.**- Dass war néideg.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Et ass awer gentil, dass Der et elo nach eng kéier sot. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Ministeren, ech wollt effektiv kuerz de Mëtten déi ganz Thematik vun der Cyber-sécherheet eng kéier beliichten. Et ass e wichtige Sujet, deen, mengen ech, d'ganz Gesellschaft betrëfft. Hei ass eng Regierung, hei sinn d'ëffent-lech Institutiounen, mir als Chamber, awer och ganz vill Entreprisë wéi och de ganz normale Bierger si vun deem Phänomeen do beträff. Dass spilt sech virun allem iwwer eis Handyen, iwwer eis PCen, awer och iwwert déi sozial Reseauen of, a leschter Zäit och ëmmer méi iwwert déi Kryptowürungen, déi och eng Aart Terroir fir Cyberkriminalitéit sinn.

De Sujet vun der Cybersécherheet ...

**(Interruption)**

Et wier awer gutt, Här President, wann den Här Staatsminister, Kommunikationsminister vläicht géif nolauschteren, merci.

... huet also ganz vill Facetten, op déi ech de Mëtten elo net kann am Detail agoen. Dass wäerte mer dann och nach eng kéier op enger anerer Plaz maachen.

Ech hunn a sech déi Question élargie de Mëtteg gestallt, well mer virun enger Rei vu Wochen hei eng Diskussioun haten iwwer Pegasus. An an deem Kontext vu Pegasus hat sech och d'Fro vun der Cybersécherheet gestallt an duerfir wollt ech eigentlech och nach eng kéier de Mëtten do op ver-schidde Froen agoen, well nach net esou laang hier haten d'Madamm Reding an ech selwer och un lech eng schrëftlech Fro gestallt, an där mer awer eng Rei ganz pertinent Froen opgeworf haten.

An ech muss lech soen, leider Gottes, Här Staats-minister - dass ass och esou eng generell Tendenz vu ville Ministeren -, dass een op seng Froen net méi

geäntwert kritt oder ganz onkomplett geäntwert kritt. An dass war an dëser Fro och erëm eng kéier de Fall.

Vu dass et awer eng extreem wichteg Problematik an Thematik, mengen ech, fir eis alleguerten ass, wollt ech duerfir nach eng kéier de Mëtten d'Initia-tiv huelen an lech eng Rei vu Froe stellen.

Fir d'alleréischt gëtt et jo eng national Strategie iwwert d'Cybersécherheet. Do war en éischte Rap-port gemaach ginn, dee vun 2018 bis 2020 geet. Et ass elo eng nei Stratégie nationale, déi vun 2021 bis 2024 geet. Meng éischt Fro ass eigentlech, Här Staatsminister - ech huelen un, dass Dir och Bilan gezunn hutt vun der éischter Strategie -: Wat sinn eigentlech d'Deficiencen, déi Der do festgestallt hutt an där éischter Strategie? Sinn déi elo zum Deel och behuwe ginn an där zweeter Strategie?

Déi zweet Fro ass: Si mir - mir als Land an eventuell och d'Regierung an och aner ëffentlech Institu-tiounen - schonn Affer gi vun esou Cyberugréffer? Et wier flott, wann Der eis do vläicht de Mëtteg kéint soen, wéi oft dass dass, le cas échéant, de Fall war a wann Der eis vläicht och do e puer Erklärunge méi kéint ginn.

Dann awer déi Haaptfroen, déi eis e bësselche beschäftegen. Dass sinn déi, déi eis alleguerten och ugin. Eis, dass heescht fir d'éischt lech als Regierung, awer och eis als Chamber, och alleguer-ten déi héich Fonctionnaires. Do stellt sech nämlech d'Fro, ob et do kloer Reegele gëtt, déi Ministeren, awer och héijer Beamte betreffen, wat déi ganz Utili-sation vun hiren Handyen, awer och d'Utilisation vun Accounten op soziale Reseauen betrëfft.

Dann an deem selwechte Kontext: Déi dote Kommu-nikatiounen, ganz besonnesch natierlech déi vun enger Regierung, kréien déi eng speziell Protek-tioun? Ginn och do speziell Fonctionnalités an déi Handyen agebaut? An iwwerhaupt, wat fir eng Ap-plikatiounen ginn do utiliséiert?

Dann eng nächst Fro: Dir wësst dass, mir haten ufangs des Joers international eng grouss Cyberat-tack, bei där och hei zu Lëtzebuerg 188.000 Face-book-Accounte geleakt gi waren an och engem Pi-rateforum zur Verfügung gestallt gi waren. Hat déi Kommunikatioun och en Impakt op d'Regierung res-pektiv op verschidde Ministere respektiv héich Fonctionnaires?

An dann déi lescht Fro, déi huet mat Pegasus ze dinn. Och do ass jo an der internationaler Press ge-sot ginn, dass ganz vill Politiker vun deem Leak do beträff gewiescht wieren. Och do: Huet dass Lëtze-buerg beträff? Mee haaptsächlech, wat sinn d'Suit-ten, déi d'lëtzebuergesch Regierung och esou Cyberattacke gëtt? Well ech mengen, mir sinn alle-guerten, och hei d'Chamber, dovunner beträff.

Ech soen lech Merci fir Är Äntwerten.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

■ **M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias.**- Merci, Här President. Merci och dem Här Mosar fir seng Fro, déi mer erlaabt, och eeben, esou wéi en d'Fro gestallt huet, e Bilan kënnen ze zéien iwwert déi drëtt Cybersé-cherheetsstrategie fir d'Joren 2018 bis 2020.

Dës Strategie gouf ausgeschafft - an erlaabt mer, do den interministeriellen Aarbechtsgrupp, ënnert der Presidence vum Luc Feller, eiseem héije Com-missaire à la protection nationale, hei ze zitéieren - an enker Zesummenaarbecht mam Ministère vun der Ekonomie, mam Ausseministère, dem SMC, dem Geheimdéngscht, dem ILR, der Direction vun der Defense, dem CTIE, dem GOVCERT, der ANSSI, dem securitymadein.lu. Dir gesitt, dass et am Fong ganz verschidden Acteure sinn, déi hei un engem Dësch zesummekommen, fir eeben eng breet Stra-tegie auszeschaffen, an déi och alleguerten d'Vo-lete vun der Cybersécherheet ofdecken.

De Global Cybersecurity Index evaluéiert reegel-méisseg Länner eeben och no hire Resilienz géint Cyberattacken. A Lëtzebuerg kënn an deem Index an deenen zwou leschten Evaluatiounen weltwäit op déi 13. respektiv déi 11. Plaz. Dass ass gutt. Op dësem Erfolleg dierfe mer eis awer net ausrouen, well et ass just eng Momentopnam. En héijen Ni-veau vu Cybersécherheet ass haut keng Garantie fir muer. An et muss ee wëssen, dass dass doten en Dossier ass, bei deem een net ka soen: „Hei, en ass ofgeschloss, d'Aarbecht ass gemaach.“

D'Geforelag nämlech evoluéiert och déi ganzen Zäit an déi evoluéiert souguer ganz oft méi séier wéi d'Technologie. Mir mussen permanent d'Mesuré ver-besseren, fir ons ze schützen. Mir mussen perma-nent ons Prozesser upassen, fir eventuell Attacken eeben och ze erkennen an eeben och ofzewieren. D'Cyberstrategie baséiert op enger Analys vun den Haaptmenacen. Dass ass d'Ransomware, dass ass d'Malware, d'Reaper-bots-, d'Phishing- oder d'DDoS-Attacken.







Dëst si just e puer Stéchwierder, mat deenen déi concernéiert Acteuren och konfrontéiert sinn. An d'Lëscht vun neie Menacë gëtt ëmmer méi grouss, genee wéi d'Lëscht vun de méigleche Schwaachstellen ëmmer méi grouss gëtt. Jo, dat ass eng Realitéit.

Eist Land zeechent sech och duerch eng gutt Connectivitéit aus an d'Europäesch Unioun geet dovun aus, dass et 2025 weltwäit iwwer 40 Milliarden connectéierten Apparater wäert ginn. Mir gesinn, dass och déi nei Technologie sech entwéckelen an engem Tempo, dee wierklech als ganz rasant ze bezeichnen ass.

Mee d'Entwécklung bitt Chancen an erliichtert och onsen Alldag, déi ganz connectéiert Objeten. Mee nieft de ville Connectivitéiten, nieft dese villen Avantagé gëtt et och Geforen a besonnesch eeben och déi an der Cybersécherheet. Duerfir och merci, Här Mosar, dass mer wierklech deen dote Sujet och hei kennen eng Kéier diskutéieren.

Well wat et méi Vernetzung gëtt, wat et méi Connectivitéit gëtt, wat et och méi Schnëttstelle gëtt an domadder och eng héich Zuel vun Apparater, déi eng Ugrëffsfläch duerstellen. Mir wäerten et ni fäerdegbréngen, Cyberattacken zu 100 % ze verhënneren. Esou eng Zilsetzung ass onrealistes a wier och net éierlech. D'Zil vun onser Strategie ass eeben, eis Vulnerabilitéit esou kleng wéi méiglech kennen ze halen. Dofir déi dräi grouss Achsen, fir eeben dëst Zil och kennen ze erreechen.

Mir bilden digital Kompetenzen a schafe Vertrauen an déi digital Welt. De Bierger - sief et a sengem berufflechen oder och a sengem privaten Ëmfeld - ass den Haaptutilisateur vun deenen neien Technologien. De Bierger muss sensibiliséiert ginn, de Bierger muss sech de Geforen och bewusst ginn. Digitaalt Vertraue baséiert op engem gudde Verständnis vun de Risiken, déi och déi nei Technologie mat sech bréngen.

Déi zweet Achs: Mir schützen ons digital Infrastrukturen. Ëmmer méi Prozesser beim Staat an am private Secteur gi jo och digitaliséiert. Duerfir ass et vu gréisster Wichtigkeet, och national digital Infrastrukturen ze schützen an hir Resilienz eeben och kennen ze garantéieren.

Déi drëtt Achs ass d'Cybersécherheet als eng Opportunitéit fir ons Wirtschaft. Schlussendlech gesi mir d'Cybersécherheet och als eng Chance fir d'Attraktivitéit vun onser Wirtschaft a fir d'Schafe vun neien Aktivitéiten och hei am Grand-Duché a se kann eeben och an deem Sënn souguer e reellen Advantage commercial sinn am Verglach zu anere Länner. Et ass wichteg, innovativ Services am Beräich vun der Cybersécherheet ze entwéckelen an do d'Synergien eeben och widerzeentwéckelen.

Esou kréie mir d'Käschten an d'Komplexitéit vun der Cybersécherheet an de Grëff an erhalen eeben och eis Attraktivitéit.

D'Cyberstrategie III huet fir d'Ëmsetzung vun deenen dräi virgenannten Achsen en Aktiounsplang mat ronn 60 präzisen, definéierten Aktiounen virgesinn. Ech kann haut net op all eenzele Punkt agoen. Ech setzen dofir awer déi gréissten Akzenter an Evidenz.

Ugefaange bei eis, beim Staat: De CTIE - an dat ass och d'Fro, d'prezis Fro vum Här Mosar - huet d'Sécherheet vun de staatlechen Onlineservicer an och d'Plattformen massiv verbessert, dat besonnesch duerch d'Asetze vu Webapplikationen, Firewalls, déi bäikomm sinn. Zesumme mam GOVCERT huet de CTIE och de systematesche Monitoring vun de staatlechen Informationssystemer a Reseauen ausgebaut. Detektiounstoolen goufen en place gesat, fir eventuell Problemer a Versch justement vun Attacken am Staatsreseau esou fréi wéi méiglech ze erkennen.

D'Prozedure goufen och verbessert, fir zu all Moment op eventuell Ugrëffsversich eeben ze reagéieren. A mir hunn hei duerfir och, wat nei ass, eng Permanence um Niveau vum CTIE, déi och en place gesat ginn ass.

Nieft dem Monitoring vun de Reseauen hunn de CTIE an de GOVCERT e sophistiquéierte System en place gesat, fir eeben d'Anomalien um Niveau vun den Endgeräter ze detektéieren, wat eeben och déi Fro war vun den Handyen. De System erkennt zum Beispill direkt, wann no der Receptioun vun enger E-Mail e verstoppete Programm gestart gëtt. D'Apparater, déi um Staatsreseau hänken, ginn da konstant op d'Presenz vu béisaartege Coden iwwerpréift.

De GOVCERT huet och eng Pentest-Ekippe opgebaut. Dat ass eng Ekippe vu Leit, déi mat dem Accord vun de Bedreiwer vun engem Reseau d'Protektiounsmechanisme vun deem Reseau probéieren ze duerchbriechen, fir esou eventuell Faillen am System kënnen ze fannen.

Mir hunn e besonnesche Fokus op d'Protektioun vu kriteschen Infrastrukturen am Staat geluecht: No den DDoS-Attacken op d'Internetsitte vum Staat 2017 hat d'Regierung decidéiert ze analyséieren, wéi eng Moosname justement kéinten ergraff ginn, fir ons systemrelevant Betriber op nationalem

Niveau am Fall vun enger massiver DDoS-Attacke kennen ze schützen.

Am Kader vun der drëtter Cyberstrategie ass duerfir an Zesummenaarbecht mat LU-CIX de sougenannten National DDoS Scrubbing Center och agesat ginn. Dësen Zenter erméiglecht nämlech, dass kritesch Infrastrukturen kënnen effikass geschützt ginn am Fall vu gréisser DDoS-Attacken, déi net méi mat eegene Mëttel respektiv mat Hëllef vun engem spezialiséierte Provider kënnen gemeschert ginn.

Iwwer 30 kritesch Infrastrukturen an aner wichteg Betriber kënnen esou haut schon am Noutfall och ënnert dee Prabbeli geholl ginn. Déi Services ginn no an no op weider kritesch Entitéiten ausgebaut. An ausserdeem ginn och Recommendationen um Niveau vun der Preventioun an der Reaktioun ausgeschafft, déi all Betriber zeguttkommen.

Am Kader vum Cybersecurity Competence Center, dee vum GIE securitymadein.lu bedriwwen gëtt, huet d'Regierung e Cyber-Incidents-Simulationstraining fir Decideuren en place gesat: de ROOM#42. Hei kënnen déi Responsabel vun de Betriber hir Reaktioun op justement gréisser Cyberattacken üben.

Mir entwéckelen ons permanent weider, fir op nei Menacë preparéiert ze sinn. Lëtzebuerg huet eng national Cyber Range Plattform agesat. Dat ass eng Simulationsplattform, déi et erméiglecht, Exercicer ze maachen an esou och ons Capacitéiten am Beräich vun der Identifikatioun an der Reaktioun op Cyberattacke widerzeentwéckelen.

D'Regierung huet och de Secteur vun den Assurance als Alliierten identifizéiert, fir speziell am Beräich vun deene klengen an och vun deene mëttle Betriber den Niveau vun der Cybersécherheet ze verbesseren. Duerch déi sougenannt Cyberassurance ginn dës Betriber derzou bruecht, fir eng Win-win-Anproche hir d'Cybersécherheet ze verbesseren an esou eng Cyberassurance kënnen ofzeschléissen.

Am Fall vun engem Cyberincident kënnen déi dann op eng professionell Hëllef zrëckgräifen, fir d'Situatioun erëm an de Grëff ze kréien. Doduerch ass eng nei Offer entstanen: Zu Lëtzebuerg bidden haut sechs Gesellschaften Services am Beräich Cyber Incident Management un. D'Plattform wäert fir national an och international Übungen, awer och fir d'Evaluatioun vun neie Cyberdefense-Lösungen an den Asaz kommen. Mir wäerten dës Plattform den nationalen Autoritéiten an Operateuren justement vu kriteschen Infrastrukturen zur Verfügung stellen.

Des Weidere kann d'Plattform an der Recherche, an der Educatioun genotzt ginn. National Delegatiounen participéieren systematesch bei den internationale Cyberexercice vun der EU an och vun der NATO. Eng gutt Zesummenaarbecht nämlech mat onse Partner ass vu gréisster Wichtigkeet, fir ons national Fäegkeet och weider kennen ze entwéckelen an op ons ofzestëmmen, esou dass mir am Fall vun enger realer Cyberkris och concertéiert agéieren kënnen.

De GIE securitymadein.lu huet mat Ënnerstëtzung vun der EU-Kommissioun och Efforte gemaach, fir d'Daten iwwert d'Bedrohung a Schwaachstellen am Beräich Cyber ze sammeln an och opzebereeden. Esou konnt den éischten nationale Rapport iwwert d'Situatioun vun der Menace ausgeschafft ginn. D'Auswärtung vun dësen Daten erlaabt mer, och méi eng intelligent an optimiséiert Gestiou vun de Risiken ze maachen.

Dës Initiativ wäert och am Kader vun der véierter Strategie weider ausgebaut ginn. De GOVCERT wäert notament probéieren, reegelméisseg mat private CERTe Cyber Weather Reporten ze publizéieren, also eng Kaart vun de Menacen iwwer eng bestëmmte Period erauszeginn.

Fir all dës Initiativen och ëmzesetzen, brauche mir spezialiséiert Leit. D'Regierung huet e BTS an der Cybersecurity agefouert, fir esou dem Manktem u spezialiséierten Aarbechtskräften entgéintzewierken. Weider Initiativen an deem Beräich sinn am Moment an der Diskussioun.

Här President, meng Riedezäit - ech gesinn, et ass scho rout - erlaabt mer net, op all déi Punkten anzugeen, déi een am Kader vun der Ëmsetzung vun eiser Cybersécherheitsstrategie nach ernimme kéint.

Wann ech ofschléissend de Bilan vun der Strategie resuméieren dierf, dann hu mir vill erreecht, fir eis éffentlech a privat Infrastrukturen viru Cyberattacken ze schützen. Mee ons Aarbecht ass nach laang net ofgeschloss a si wäert ni ofgeschloss sinn, well mir hei vun engem Beräich schwätzen, deen sech permanent widerentwéckelt. Mir schaffen also virun a setzen alles drun, fir dass mer och an Zukunft gutt op Cyberattacke kënnen virbereet sinn.

Den Här Mosar hat och nach d'prezis Fro gestallt doriwwer, wivill Attacken am Joer waren. Wann ee kuckt zum Beispill ... Déi grouss Majoritéit gëtt scho ganz, ganz fréi blockéiert - dat ass jo och eng Fro, déi Der gestallt hutt - duerch Firewalls an och duerch automatiséiert Mesures de défense, déi den CTIE an de GOVCERT och en place gesat hunn. Dës Attacke kommen am Fong ni beim Endutilisateur

un. Déi sinn also vun der Zuel hier beandrockend, hunn awer keen direkten Impakt.

Wann ee kuckt, wéi eng Attacken am Joer 2021 am Staatsreseau beim Endutilisateur ukomm sinn, da weisen d'Statistike vum GOVCERT, dass ronn 3.200 Phishingmailen de Wee bis an d'Mailbox vum Utilisateur fonnt hunn. 3.200! Déi allermeescht vun dese Mailen hate keen Impakt, well de Fonctionnaire och richteg reagéiert huet an se och net ugeklickt huet.

A ronn 60 Fäll sinn d'Dokument oder de Link am Mail ugeklickt ginn. Do kann een zum Beispill zu engem Leak vun engem Passwuert komm sinn, mee et si keng gréisser Schied bekannt. An deene Fäll reagéiert eeben och de GOVCERT, fir eng detailéiert Analys ze maachen a fir eeben och eng Informatioun ze kucken, wat geschitt ass an ob do och Informatiounen geleakt hätte kënnen ginn oder Malware op e Computer hätt kennen installéiert ginn. Dat dote sinn dann déi Zuelen, déi mer elo och kritt hu vum Joer 2021.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci dem Premierminister. An den Här Mosar huet nach eng Zousazfro.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, merci. Ech mengen, den Här Staatsminister a Kommunikationsminister huet eis elo nach eng Kéier am Detail erklärt, wéi déi Strategie ëmgesat ginn ass. Ech soen och duerfir Merci. Ech hat em zwar awer och eng Rei ganz konkret Froen gestallt, op déi ech elo net direkt eng Äntwert kritt hunn. Duerfir wëll ech déi awer nach eng Kéier stellen.

Ech mengen, mir sollen do och elo net ëmmer genau no der Zäit kucken, och wat de Minister betrëfft, wann dat dann zwou Minutte méi laang dauert. Well dat sinn awer weesentlech Froen.

Ech wëll hei nach eng Kéier soen: Déi weesentlech Fro ass jo déi vun der Sécherheet vun de Kommunikatiounen vun de Ministere generell, awer och vun héije Fonctionnairen, iwwregens och hei bei eis an der Chamber. Do gëtt et zum Beispill eng Applikatioun, déi mir alleguerten hunn, dat ass WhatsApp, woubäi bekannt ass, dass WhatsApp eigentlech e Reseau ass, dee relativ einfach ka piratéiert ginn. An do gëtt et och international Analysen, déi dat beleeden. A wann ee mat Sécherheitsspezialisten schwätzt, da soen déi engem eigentlech, dass wann een an engem héije Risikosberäich ass, een net op WhatsApp zrëckgräife soll. Dat ass zum Beispill eng Fro.

Ech weess awer net - a wéi gesot, ech si selwer och op WhatsApp, mee déi Fro muss een awer kënnen klären -, wéi sécher d'Kommunikatiounen vun lech, Här Staatsminister, a vun den anere Ministeren an och vun eis alleguerte sinn.

Dann, an deem selwechte Kontext, muss ee jo awer och wëssen, dass déi Accounten, a jiddweree vun eis huet hei Accounten op Facebook, op Twitter, op Instagram a souguer op TikTok. All déi Accounten ..., do ass ëmmer volle Risiko. A bei deenen Accounten, déi do ufangs des Joers geleakt gi sinn, ware sécherlech och ganz vill eminent Politiker am Ausland an och hei zu Lëtzebuerg derbäi.

An do géif ech awer wierklech gär wëssen, Här Staatsminister, well dat hutt Der net gesot: Wéi reagéiere mir elo och par rapport zu deenen Attacke vu Pegasus? Ech mengen, mir haten eng laang Debatte virun enger Rei vun Deeg, wou jo awer Donnéeën vun eminenten auslännesche Politiker vu Pegasus oder vun engem Programm vu Pegasus geleakt gi sinn.

An ech muss awer duerfir soen, Här Staatsminister, ech wier frou, wann Der eis awer hei e bësselche méi prezis Äntwerten och par rapport zu deenen dote Gefore géift ginn, well ech hunn déi e bëssen an Ären Ausféierunge vermësst.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert zrëck un de Premierminister.

■ **M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias*.**- Här President, ech rappelléieren lech d'Äntwert op d'Fro vum 26. Juli, wou mer e bësse Retard haten an den 8. September geäntwert hunn, déi den honorabelen Här Mosar an d'Madamm Reding gestallt haten, wou am leschte Paragraph drasteet: « Tous les téléphones portables et tablettes qui sont mis à disposition par le CTIE aux membres du gouvernement et aux fonctionnaires fonctionnent et sont gérés via une infrastructure centrale de management (MDM), ce qui permet d'implémenter un niveau de sécurité adapté. La sécurité implémentée par la MDM comprend notamment le chiffrement des informations et l'application de règles de sécurité spécifiques. »

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Dat war keng Äntwert, Här Premierminister.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci dem Premierminister.

## 5. Motion de M. Sven Clement relative à la mise à jour de l'application CovidCheck de façon à ce qu'elle détecte les faux certificats de vaccination anti-Covid

*(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 185 de ce compte rendu)*

Da kéime mer zur Motioun, déi den Här Sven Clement deposéiert hat, wou de Wonsch war, dass mer haut déi géifen direkt traitéieren, wou et drëm geet, dass d'CovidCheck-Applikatioun esou séier wéi méiglech soll applizéiert ginn. Wie wëllt d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? D'Madamm Martine Hansen!

### Discussion générale

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Jo, merci, Här President. Ech hat - ech menge virgëschter an der Aktualitéitsstonn - genau dat d'Madamm Minister gefrot, a si hat mer u sech net geäntwert, wéi et mat der App wär, firwat dass se bei eis de Certificat als valid unerkennt an déi auslännesch Appen erkennen en awer als net valid un.

An duerfir kënnen mer och nëmmen déi heite Motioun ënnerstëtzen, well et ass extreem wichteg, dass mer eis Certificate sécher kréien, well soss kréie mer eis Covidsituatioun sécher net an de Grëff. Also wäerte mer dës Motioun ënnerstëtzen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Madamm Hansen.

Da géif ech dem Premierminister d'Wuert ginn.

### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.**- Just vläicht fir ze preziséieren: Hei ass keng Fälschung! Hei ass eng Persoun, déi habilitéiert ginn ass - habilitéiert ginn ass! -, a Polen, wa meng Informatiounen richteg sinn, oder ... Mee et ass eng Persoun, déi habilitéiert war. Dat heescht, ech hunn nämlech an de Services direkt nogefrot, wéi dat sech och gehéiert, mee de Certificat ass frauduleusement ausgestallt gi vun enger Persoun, déi habilitéiert war, fir Impfcertificaten auszustellen. An et wieren anscheinend Dokteren a verschiddene Memberstaaten, déi dat och gemaach hätten.

Am Moment kréien ech och matgedeelt, dass d'EU amgaange wier, eng gemeinsam Léisung och ze analyséieren. D'Fro, déi mer eis musse stellen, ass, ob mer elo, wa mer eng Datebank kreéieren, net och d'Legislatioun musse änneren.

Dowéinst, erlaabt just, ech hu muer Regierungsrat, dass ech dat doten och mat de Kollegee kucken, mee et ass méiglech, dass mer och dann am Covidtext musse eng Datebank kreéieren, well am Moment sinn déi QR-Coden net an enger Datebank.

■ **Une voix.**- Ou?

■ **M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.**- Dat ass eng nei Datebank, déi mer da géife kreéieren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci dem Premierminister. An da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*), *auteur*.**- Pardon, ech hunn dann direkt e puer Saachen, déi ech dozou ka soen.

Éischstens emol: Jo, ech ginn dem Premier Recht, dass een eng Datebank misst kreéieren, mee et misst ee keng Datebank vu perséinlechen Donnéeën kreéieren. Dat ass eng ganz wichteg Nuance!

Et ass nämlech esou, dass an de „Guidelines on verifiable vaccination certificates - basic interoperability elements“ steet am Punkt 3.2: „Unique Vaccination Certificate/assertion identifier“ oder kuerz UVCI, ganz technesch genannt: “The UVCI is a means to verify the veracity of the certificate [...]” and should not contain personally identifiable data.

Dat heescht, wat heescht dat am Kloertext? Esou wéi och eis Päss, ech weess net, an eis Carte-d'identitéen en Identifiant hunn, eng Nummer, e Buschtawen-Zuelemix, deen dat Dokument identifizéiert, identifizéiert deen Zuelemix awer net d'Persoun. Dat heescht, mir géife keng perséinlech Datebank kreéieren. Dat ass mer ganz wichteg, well mer hei awer en Dateschutz brauchen.

Wat, mengen ech, vill méi problematesch ass, ass, dass een esou Certificaten - an Dir hutt et richteg gesot: Et ass eng Fälschung. Nee, et ass u sech keng Fälschung, et ass e frauduleux ausgestalltene Certificat -, dass een déi nëmmen op ee Wee blockéiert kritt. Éischstens emol déi Leit, déi se ausstellen, aus dem Verkeier zitt. Dat ass iwwregens jee no Land méi einfach wéi an anere Länner, well verschidde Länner hu Cléen, fir ze signéieren. Bon, dat ass alles ganz technesch.

Wat einfach de Problem ass, wann ech elo hei dem Här Hitler Adolf säi Certificat mat menger Covid-Check-App huelen an ech scannen déi elo grad, da kréien ech e gréngen Hoken. An dat ass dat, wat mer mat d'r Motioun wëllen esou séier wéi





méiglech ...! Mir hu keen Datum drageschriwwen. Dir kënnt dat roueg och am Regierungsrot kucken, wéi Der et genau wëllt maachen. Mee eis geet et drëm, datt mir als Chamber hei ganz kloer soen: Et kann net sinn, datt dobausse Leit mat engem Certificat am Numm vun engem Krichsverbriecher ronderëmlafen. Dat ass dach awer e bëssen iwwer-driwwen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. De Premierminister freet d'Wuert.

■ **M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État***.- Här President, mir deelen d'Meenung. Mee ech muss lech just soen, deen doten ass jo e provokativen. Dat do ass jo pure Provoque! Mee ech muss lech soen, den Debat geet vill méi wäit.

D'Leit muss sech bewosst sinn, dass hei zu Lëtzebuerg een iwwer Internet ka Certificate kafen, déi gemaach gi sinn, wou d'Leit de QR-Code engem aneren zur Verfügung stellen; dass een op der Fouer fir 100 Euro e QR-Code konnt kafen. D'Leit muss verstoen, dass de QR-Code do ass fir hir eege Sécherheet! De QR-Code ass do, fir dass mer kënnen hei zu Lëtzebuerg weider liewen!

Dowéinst, den Debat hei, fir elo op den Adolf Hitler ze kommen, ass e Skandal, ass Provoque, an ech fannen dat ganz schlëmm! Mee all Mënsch, deen e falsche Certificat benotzt, muss sech bewosst sinn, dass en eng Strofdot mécht - eng Strofdot mécht! - a wierklech net kontribuéiert zu deem, wou mer wëllen erauskommen - an dat, wat se normalerweis och gemeinsam mat ons alleguer hunn, Geimpften oder Netgeimpften -: nees méi Normalitéit an onsem Liewen.

Dowéinst, dat heiten, ech probéiere wierklech ze kucke wéinst der Base de données, wéi mer déi kënnen eraushuelen, legal.

Ech weess elo net d'Motioun, ech hu se just kuerz kënne kucken, wat do drasteet. Mee Dir kënnt se an d'Kommissioun huelen, Dir kënnt se och unhuelen. Mee erlaabt mer, dass ech awer kucken, ob legal muss eppes geännert ginn oder net, ier mer hei elo soen: „Dat muss muer oder iwwermuer geschéien.“

Mir sinn eis eens, ech fannen et ganz schlëmm, dass dat gemaach gëtt. Et ass an anere Länner jo och benotzt ginn. Ech fannen, et ass eng Apologie bal vun engem Krichsverbriecher, wat inakzeptabel ass. Mee dat ass ee Fait.

Déi aner Faite vu QR-Coden, déi gefälscht sinn, also net gefälscht sinn, mee déi frauduleusement ... oder souguer kopéiert ginn - kopéiert ginn! -, dat ass gradesou schlëmm. An do muss een eeben och kucken, wéi dat geschitt ass. An Dir wësst, dass do och Instruktiounen lafen, wou Leit probéiert hunn, u Certificaten ze kommen. Mir dierfen do null Toleranz hunn, null!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Premierminister. Da ginn ech d'Wuert und den Här Mars Di Bartolomeo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- Merci, Här President. Mir versti selbstverständlech den Inhalt vun der Motioun an och d'Suerg, déi hannendrun ass. Ech verstinn awer och, dass d'Regierung a Rou eng Kéier wëllt doriwwer schwätzen. Mir sollten der Regierung déi Méiglechkeet ginn an d'Motioun an d'Kommissioun eranhuelen, wann den Auteur do domat d'accord ass.

Wann en net do domat d'accord ass - ech sinn net an der Lag, muss ech lech soen, aus der Héft elo positiv ofzestëmmen -, dann deet et eis leed, da kënne mer net derfir stëmmen. Ech stëmmen net fir eppes, wou ech net all d'Implikatiounen kennen. An et ass, mengen ech, och wëschenswäert, wann een esou Motiounen zerwéiert kritt - am gudde Sënn vum Wuert -, dass een awer zumindest Zäit huet, fir sech doriwwer klug ze maachen. Dat ass an deem heite Fall net ginn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Di Bartolomeo. An da ginn ech d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Motioun, den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**, *auteur*.- Merci, Här President. Also, ech kann domadder liewen, datt se an d'Kommissioun geet, fir et ganz kuerz ze maachen. Ech muss awer soen, datt dat hei jo en Debat ass, deen elo net säit gëschter leeft, dee schweelt. An ech mengen, et ass eng Question orale vun der Madamm Hansen en Dënschdeg gewiescht. Et ass an der Press thematiséiert ginn, et sinn Artikeler scho vun der Press ginn. Dat heiten ass net anodin geschitt, well ...

An ech mengen, datt ech mer wierklech Méi ginn hunn, eng Motioun ze schreiwen, déi och den tech-nesch en a juristesche Gegebenheete Rechnung dréit.

Ech kann domat liewen. Mir geet et drëm, datt et geschitt.

■ **Une voix**.- Jo.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**, *auteur*.- Et ass mir egal, ob mer et hei ofstëmmen oder net, mir geet et drëm, datt et geschitt an datt mir als Chamber och

eis Responsabilitéit do iwwerhuelen. An dofir an d'Kommissioun, da kënne mer et séier evakuéieren an da geschitt et.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Clement.

**Vote sur le renvoi de la motion en commission**

Wien derfir ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- Da maache mer dat esou, wéi mer dat ëmmer maachen an der Santéskommissioun.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Wien ass dergéint? Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun an d'Kommissioun verweisen.

**(La motion est renvoyée à la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications.)**

## 6. Question élargie n° 121 de M. Marc Lies au sujet des aides étatiques dans le domaine du logement

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 121 vum Här Marc Lies iwwert d'Logementsbäihëlfen. Här Marc Lies, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Lies (*CSV*)**.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, bon, den Immobiliemaart, wéi mer och elo an deene leschte Sondag vum Politmonitor gesinn, ass weider op Plaz Nummer 1 mat 82 %, wat d'Suerge vun de Leit hei zu Lëtzebuerg ugeet.

Ech stellen dës Question élargie, well ech an deene leschten Deeg, Wochen, Méint festgestallt hunn, datt et, wat de subventionéierte Wunnengsbau ugeet, eng Partie Inegalitéite gëtt. Inegalitéiten heescht, wann effektiv subventionéiert Wunnenge gebaut ginn, datt d'Gemengen aner Konditiounen do hunn, wéi dat beispillsweis bei Promoteurs publics de Fall ass.

An ech mengen, virun enger Rei vu Méint am Juli, dunn hu mer de Pacte Logement 2.0 gestëmmt, wou et dann drëm gaangen ass, fir d'Gemenge verstärkt mat an d'Boot ze huelen, wann et ëm den abordabele Wunnengsbau geet. An dat mécht eis natierlech extrem vill Suergen, wa mer esou ee Pakt stëmmen, wou d'Gemenge sollen dozou opgefuerdert ginn, fir méi abordabel Wunnengen ze schafen, an da gesi mer, datt et effektiv an der Praxis guer net méiglech ass, well eng Gesetzgebung do besteet, déi deem absolutt guer net Rechnung dréit.

Mir hunn effektiv och aner Problemer, déi och iwwer verschidde Statistiken an deene leschte Méint opgefouert gi sinn, wat déi sozial Schiflag ugeet. Ech hat diesbezüglich och eng Question parlementaire den 8. Oktober un den Här Logementsminister an awer och un d'Familljeministescht gestalt, wou et ëm eng Zort vu Sozialkris geet, op déi mer lues a lues histeieren.

Ech krut do eng Äntwert vusäite vum Här Logementsminister an och vun der Familljeministescht, wou effektiv dat, mengen ech, awer nach net esou richtig an de Regierungskreesser ukomm ass, datt mer wierklech eeben opgrond vun och den Energiepräisser, déi an der leschter Woch hei Diskussioun waren iwwer eng Heure d'actualité, wou Lëtzebuerg Europameeschter ass ... Wat de Wunnengsbau ugeet, do si mer Weltklass!

Wann een dann awer och an deene leschte Woche verschidde Konferenzen nogelauschtert huet, beispillsweis wou Experten da monéiert hunn, datt mer hei zu Lëtzebuerg kee Problem hätten, do muss ee sech awer wierklech d'Fro stellen, wéi ech iwwert déi Konferenz gelauschtert a gelies hunn, also ech hu mech gefrot, ob effektiv déi Leit, déi un där Konferenz deelgeholl hunn, wierklech op där richteger Plaz sinn, respektiv iwwert dee richtege Sujet diskutéiert hunn.

Ech hunn diesbezüglich och eng Question parlementaire un de Minister gestallt an ech sinn do och gespaant op déi Äntwerten.

Fir zrëckzekommen op de Pacte Logement 2.0, do ass et esou, datt, wéi gesot, d'Gemengen dozou opgefuerdert ginn, méi am abordabele Wunnengsberäich ze maachen. Als Gemeng, wann een da verschidde Projeten amgaangen ass ëmzesetzen, do stellt een dann awer fest am Beräich vum subventionéierte Wunnengsbau, wou ee Wunnenge baut ...

Ech wëll hei kloermaachen, datt eeben d'CSV nach ëmmer fir d'Eegenheem steet, dat heescht, datt mir als CSV eis weider derfir asetzen, datt Wunnenge kënne gebaut ginn, och iwwert de subventionéierte Wunnengsbau, déi och viruverkafen u Leit, u potenziell Acquireuren, déi dann och déi Wunnengen iwwer Bail emphytéotique op 99 Joer mat Virkafrecht op déi selwecht Durée kënne kafe goen.

Bei engemkonkreete Beispill bei mir an der Gemeng, wou elo da sechs Haiser diesbezüglich

gebaut ginn, déi dann och iwwert d'Vente u Leit ginn, déi vun der Aide au logement kënne profitéieren, hu mer awer elo festgestallt, datt eebe bei Käschte vun Infrastruktur respektiv mam Bau vun den Haiser, déi ronn 4,5 Milliounen ausmaachen, déi d'Gemeng an dësem Fall och prefinanziéiert an iwwer eng Vente en état futur d'achèvement bei d'Leit zrëck siche geet, datt am Artikel 24 vum Aide-au-logements-Gesetz vun 1979 drasteet, datt de Staat participéiert un de Frais d'études an awer och un den Infrastrukturkäschten, fir déi de Leit dann zeguttkommen ze loossen iwwert d'Prime ACE. An an deem Artikel, do steet dran, datt och d'Gemengen een Drëttel vun deem musse bäileeën.

An dësem konkrete Fall, do ass et elo esou, datt d'Frais d'études plus dann d'Honorairen an awer och alles, wat Infrastrukturkäschte vun deem ganze Projet sinn, ronn 900.000 Euro ausmaachen. De Staat leet do 50 % dovou bäi, wat da ronn 450.000 Euro sinn. An d'Gemeng selwer muss dann och nach eng Kéier een Drëttel vun deem Ganze bäileeën, dat heescht 150.000 Euro bei engem Projet, deen initialement eigentlech geduecht war, fir e käschtendeckend ze maachen.

Duerfir, dat hëlleft eis definitiv net virun, fir dann d'Gemengen dozou ze motivéieren, fir subventionéierte Wunnengsbau ze maachen, wann ee selwer nach effektiv eppes muss dropleeën.

Par contre ass et awer esou bei de Promoteurs publics, beim Fonds du logement, bei der SNHBM, datt si dat net brauchen ze maachen. Also hei ass ganz kloer eng Inegalitéit zwëschent Gemengen a Promoteurs publics.

Ech widderhuelen nach eng Kéier: de Pacte Logement 2.0, deen effektiv d'Gemengen dozou opfuerdert, méi am Beräich vum subventionéierte Wunnengsbau, vum abordabele Wunnengsbau ze maachen ...

## 7. Dépôt d'une motion par M. Marc Lies

**Exposé**

D'CSV steet viru fir de Bau vun engem Eegenheem, datt och Leit dat kënnen opkafen. A mir fuerderen duerfir d'Regierung op, och mat dëser Motioun, déi ech hei wäert deposéieren, datt eeben den Artikel 24 vum Gesetz iwwert d'Aide au logement schnellstméiglech soll suppriméiert ginn, fir wierklech déi Inegalitéit zwëschent Gemeng a Promoteurs publics aus der Welt ze schafen.

Ech soen lech Merci.

**Motion**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que les communes jouent un rôle important dans la création de logements abordables ;*

*- constatant que les communes ne disposent très souvent pas des moyens nécessaires pour concrétiser des projets de logements abordables ;*

*- estimant que l'État devrait soutenir les communes dans leur politique immobilière sur un plan technique, administratif et financier ;*

*- rappelant que la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement autorise l'État à favoriser par des participations financières l'initiative des communes en vue de l'acquisition, de l'aménagement de terrains à bâtir ainsi que de la construction de logements à coût modéré destinés à la vente ou à la location ;*

*- constatant que l'article 24 de la loi modifiée du 25 février 1979 précise que la participation financière de l'État pour l'aménagement de terrains à bâtir, dans le cas où le promoteur est une commune, est subordonnée à la condition que la commune assure elle-même le financement d'un tiers de la participation de l'État relative aux frais d'étude et d'aménagement des terrains ;*

*- estimant que cette disposition va à l'encontre du but recherché par le Gouvernement, à savoir soutenir et encourager les communes dans leur mission de créer plus de logements abordables,*

*invite le Gouvernement*

*- à supprimer l'article 24 de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement ;*

*- à mettre les communes sur un pied d'égalité avec les autres promoteurs publics en ce qui concerne la*

*prise en charge de l'État des frais d'aménagement de terrains à bâtir ;*

*- à prendre les mesures nécessaires afin de modifier les textes en question.*

(s.) *Marc Lies, Sven Clement, Félix Eischen, Françoise Hetto-Gaasch, Fernand Kartheiser.*

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Lies.

## 8. Question élargie n° 121 de M. Marc Lies au sujet des aides étatiques dans le domaine du logement (suite)

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Logementsminister Henri Kox.

■ **M. Henri Kox, *Ministre du Logement***.- Här President, Dir Dammen an Hären, fir d'éischt merci fir déi Fro. Dir wësst alleguerten, dass ech de Leschte sinn, deen dat net erkannt huet, dass mer abordabel Wunnenge musse kreéieren an insbesondere an der ëffentlecher Hand, well mer an der Vergaangenheet der ganz vill verluer hunn, déi mer awer iwwer laang Jore vun der ëffentlecher Hand subventionéiert hunn.

Dofir solle mer jo dee Paradigmewiessel hei aaleeden. An dat hu mer jo elo scho mat dem éischte Projet de loi, dee mer hei gestëmmt hunn oder deen Dir gestëmmt hutt, dem Pacte Logement, an d'Wëeër geleet.

Ech hat lech an der leschter Kommissioun schonn dorobber deels geäntwert, dass dat dote wäert ewechfalen, deen Artikel, deen Der virdu genant hutt. An dat hat ech och an der Chamberskommissioun erwänt, well ech lech och gläichzäiteg do gesot hunn, dass e Projet de loi, nämlech d'1979er-Gesetz, praktesch fäerdeg ass, fir deposéiert ze ginn. E wäert an den nächsten zwou Wochen dann och deposéiert ginn.

An ech hat lech gesot, dass mer och dee Projet an zwee wäerten opdeelen: eng Kéier engersäits d'Aide au logement an d'Aide à la pierre; dat ass alles déi, déi bauen, wou mer och d'Definitioun vun der Abordabilitéit wäerten definéieren, déi mer jo och laang an der Chamberskommissioun diskutéiert hunn, an op där anerer Säit d'Aide individuelle; dat sinn e bësse méi alleguerten d'Aiden, déi an de Beräich vun der Privatwirtschaft eraginn.

Ech wëll dann awer och d'Geleeënheet notzen, fir e bëssen d'Aide à la pierre ze erklären an dann och op déi eenzel Subventionounen anzegoen an och op d'Differenz vläicht tëschent der SNHBM, dem Fonds du logement an de Gemengen anzegoen.

Jo, mir hunn déi Differenzen haut, an dat wäert mat deem neie Projet geännert ginn. Mir wäerten nämlech eng Këscht maachen, wou alleguerten déi - an déi nenne mer Promoteur social, dat sinn alleguerten déi, déi u sech abordabel Wunnenge kreéieren - 75 % dofir kréien, wa se an d'Abordabilitéit vun der Locatioun ginn.

An da wäerte se alleguerten, tous confondus, 75 % kréien, d'Gemengen, d'Associatiounen, de Fonds du logement, deen haut 70 % kritt, d'SNHBM, déi och haut 70 % kritt, kritt der 75. Dat heescht, mir wäerte se alleguerten d'selwecht behandelen.

Dann ass d'Konditioun awer och déi selwecht! Dat heescht, well mer engersäits Wunnenge kreéieren an op där anerer Säit hu mer eng national Lëscht vun de Beneficiairen, vun den Demandeure praktesch. An dëtschent wäerte mer de Bailleur social maachen. Dat kann de Fonds du logement sinn, dat kann eng Gemeng selwer sinn, dat kënnen Associatiounen sinn, déi grad aus deem Dëppe vun de Wunnengen da kucken, zum Beneficiaire dann och deen néidege Lien ze maachen.

An d'Konditioun ass, mir kucken dann no sengem ..., wat e fäeg ass ze bezuelen. Dat ass deen Taux d'effort, dee mer jo definéiert hunn, fir ze soen, dass dee mindestens bei eis an den ëffentleche Wunnengen esou déif wéi méiglech ass, dass eppes iwwregbleift, nämlech déi, déi e ganz niddregt Akommes hunn, dass déi bei 8 % vläicht belaascht ginn, an déi ëmmer méi an der Gesellschaft eropginn.

An dat ass dann och eng Ouverture, déi mer jo maachen, déi mer och diskutéiert hunn, d'Eligibilité: Wien ass deen, deen an de Genoss kënnt vun enger abordabeler Wunneng, sief et an der Locatioun oder an der Vente?

Also, Dir kritt, d'Gemengen, alleguerten d'Associatiounen 75 %. Mir wäerten awer och e Cahier des charges erabréngen, an dat wësst Der, dass mer awer Fouss bei Mol mat deene Suen en bonne mère et bon père de famille musse geréieren. Dat heescht, dee Cahier des charges soll eng Planungs-sécherheet gi fir deen, deen u sech Promoteur spilt, fir dat dann och ze maachen. Dofir hu mer e Comité d'analyse um Ministère, dee mer vergréisert hunn: méttlerweil sechs Leit, déi lech hëllefen, fir dat dann och richtig ëmzesetzen.

## Le saviez-vous ?

### LÉGISLATURE

La législation est la période pour laquelle sont élus les députés. Elle a en principe une durée de cinq ans à moins qu'il n'y ait d'élections anticipées.





An dann, wéi wäit gi mer erop an d'Gesellschaft, fir kënnen an déi Locatioun ze goen? Dir wësst, mir hu Projets de grandes envergures. Do wëlle mer jo och eng gesond Mixitéit kréien. Dat heescht, do gi mer bis an d'Mëtt, an de fënneften Decile. Dat heescht, 50 % vun der Bevëlkerung kënnen natierlech bei deene Wunnengen dann eng Wunneng fannen. Natierlech, d'Prioritéit muss am Ufank bei deene leien, wou et am meeschten necessiteux ass, dass mer déi och ewechkréien. Dat ass dee Moment an der Locatioun. Dat heescht, mir wäerte se all iwwer ee Kamm scheren.

Mir bleiwen och nach ëmmer bei der Vente. Dat heescht, en Deel geet an d'Vente. Mir hoffen natierlech ... Haut hu mer e Projet hei ze stëmmen herno an der Gemeng Mamer zum Beispill, wou mer da 70 % Locatioun hunn ... e bësse méi wéi 70 % Locatioun. De Rescht vun deene Wunnenge geet dann an eng Vente. Déi nenne mer dann och „vente abordable“. Do gi mer bis op 60 % vun der Bevëlkerung, déi do eligibel kënn ginn.

Déi Tauxen, déi dann do zur Verfügung gestallt ginn, déi sinn da 50 % beim Terrain a 50 % bei den Infrastrukturen. An de Rescht: Natierlech muss e gedroe gi vun deenen, déi do Beneficiaire sinn. Well wat ass dee gréisste Käschtepunkt? Dat ass net d'Bauen a sech ... Dach, an de leschten zwee Joer ass de Bauindex och an d'Luucht gaangen. Mee a sech, den Ursprongskäschtepunkt vun all de Montanten ass de Präis vum Terrain, deen nees fortgelaf ass. An dee gëtt jo neutraliséiert doduerch, dass mer soen: „Mir verkafen näischt méi!“

Et ass d'ëffentlech Hand, déi eebe subventionéiert gouf mat 75 % oder mat 50 %, wann et an d'Vente geet. Déi därefen net méi verkafen, a just an der Emphyteos mam Réckkafrecht, fir dass och eng zweet Generatioun eng zweete Kéier vun deem profitéiert, wat mir als éischt Generatioun eng Kéier finanziéiert hunn, soudass och d'Kanneskanner kënn profitéieren vun abordabele Wunnengen.

Dat heescht, mir probéieren eng ganz Coherence eranzekréien tëschent de Subventiounen, déi mer ausdeelen, an dann och jiddwereen, dee sech drun hale muss, wat de Loyer ubelaangt. Dir wësst, haut gëtt et nach eng Differenz tëschent den ëffentleche Promoteuren - mir, dat heescht, de Staat an d'Gemenge musse sech un d'1998er-Gesetz halen. Dat heescht, just haut sinn et nëmmen Decile ... Bis Decile 2 oder 3 kënnen an deene Wunnenge sinn.

An d'ASBL e brauche sech net dorun ze halen. Déi kënnen, laut enger Konventioun, déi mir dann aushandelen - de Logementsministère mat deenen eenzelen Associatiounen -, aner Präisser ... Dat ass ëmmer dee Präis, dee genannt gëtt: zéng Euro pro Quadratmeter. Dat gëtt och ofgeschaaft.

Dat heescht, mir wëllen hunn, dass jiddwereen, dee sech bedeelegt beim Ausbau vun abordabele Wunnengen ... An dat kënnen der vill sinn, bis hin zu Privaten, wa se eng Société d'impact sociétal sinn. Da solle se och dovun profitéieren, fir mat-zehëllefen, abordabel Wunnengen ze schafen. Awer d'Konditioun ass, dass grad de Beneficiaire, deen do muss erakommen, dass no sengem Akommes gekuckt gëtt an dass säin Taux d'effort eebe proportional zu senger Akommessituatioun gekuckt gëtt. Esou kréie mer dann och déi equitable Verdeelung vun deene Leit, déi et haut onbedéngt brauchen, an déi Wunnengen, déi mir kréieren.

De Projet de loi wäert an zwou Wochen hoffentlech dann deposéiert kënn ginn, soudass mer en dann am Detail an der Chamberskommissioun kënnen diskutéieren. Dann ass natierlech d'Gespréich op, fir déi eng oder aner Iddien nach zousätzlech eranzéieren. Mee wat wichteg ass: Mir hu ganz vill Iddien, déi iwwert déi laang Zäit vun engem gudden annerhallwe Joer, wou mer driwwer diskutéiert hunn ... Insbesondere wat d'Definitioun vun der Abordabilitéit ubelaangt, hu mer dat an der Chamberskommissioun diskutéiert. Dat wäert och an de Projet de loi erafléissen.

Ech soen Iech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Wunnungsbauminister Henri Kox.

## 9. 7806 - Projet de loi portant portant suppression du Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall et :

**1° modifiant la loi du 24 avril 2017 portant réorganisation de l'établissement public nommé « Fonds du Logement » ;**

**2° abrogeant la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé « Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall »**

Den nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7806 iwwert d'Ofschafung vum Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall.

■ **Plusieurs voix**.- D'Motioun!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Jo, mir müssen awer emol de Leit d'Zäit ginn, fir d'Motioun ze

kucken. An de Minister ass nach hei. Ech mengen, esou séier schéissen ...

(*Interruption*)

... net.

(*Hilarité*)

Mir kommen dann elo bei de Projet de loi 7806. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech wëllt fir d'éischt der Rapportrice vun dësem Projet de loi, der Madamm Semiray Ahmedova, d'Wuert ginn.

### Rapport de la Commission du Logement

■ **Mme Semiray Ahmedova (*déi gréng*)**, *rapportrice*.- Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleginnen, léif Kollegen, haut geet et drëms, e Gesetz vun 1998 ausser Kraaft ze setzen. Ech erkläre mech.

Mir schafen hei eppes of, fir eppes Neies amplaz ze setzen. Et handelt sech nämlech ëm e Gesetz vum Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall. Mat dësem Projet de loi mat der Nummer 7806 sollen all Aktiva a Passiva vum Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall dem Fonds du logement iwwerdroe ginn. Et ass also net esou, datt elo do net méi wäert gebaut ginn oder näischt méi wäert geschéien, bien au contraire.

Am Kloertext geet et hei drëms, dat urspringlecht Gesetz vun 1998 iwwert d'Grënnung vum ëffentlechen Etablissement Cité Syrdall Sanitation Fund opzeléisen, wat genau den 10. Dezember 1998 a Kraaft getruede war.

Wat sinn oder wat waren dann elo d'Fonctionnen, fir déi dëse Fong zoustänneg war? Dat erklären ech Iech an dräi Wieder. Engersäits sollen d'Gebaier vum Syrdall sanéiert, restauréiert, transforméiert ginn an un déi nei Besoinen ugepasst ginn. Du sollt en u sech och Infrastrukture reparéiert ginn. An zu gudder Lescht war de Fong zoustänneg fir d'Acquisitioun vu verschiddenen Terrainen.

Ech erlabe mer kuerz, nach e puer Wieder iwwert de wierklech net ganz einfachen Historique vun dësem Site ze verléieren. D'Terraine vun der Cité Syrdall leien an der Gemeng Biwer. Wann een also vu Wecker op Manternach fiert, huet ee jorelaang eng hallef delabréiert Cité gesinn, wéi ee se wierklech selten an dësem Land ze gesi kritt.

Wat war deemools geschitt? En zwilichtege Promoteur hat hei an den 80er-Joren eng Cité universitaire fir eng Privatum i sech gebaut, déi awer leider ni komm war. No der Faillite vum Promoteur wollt keng vun deenen ugrenzende Gemenge sech d'Fangere verbrennen a sech de Projet u sech uneegnen. Dat heescht, d'Bewunner vun der Cité hunn an engem administrativen No man's land gelieft a konnte sech net emol richtig umellen. Och d'Wunnkonditiounen hu sech natierlech mat der Zäit ëmmer méi degradéiert.

Fir dës Situatioun ze léisen, hat de Staat 1998 de Fonds d'assainissement an d'Liewe geruff. De Fonds schafft dee Moment drun, Stéck fir Stéck Terraine vun der Cité ofzekafen. Gläichzäiteg gëtt zesumme mat der Gemeng en neie PAP zu deem Moment ausgeschafft - also PAP: Plan d'aménagement particulier. Bis Enn 2020 waren 80 % vun den 29 Gebaier (veuillez lire: 39 Gebaier) sanéiert oder ofgerappt ginn. Am Moment lafen och weider Aarbechten a puncto Sanéierung oder Ofbauaarbechte fir déi Gebaier, déi natierlech dem Staat gehéieren.

Elo hu mer awer en neie Moment. Et ass och schonn elo en neie PAP ausgeschafft ginn, deen de 17. Dezember 2019 vum Inneministère an de 5. Mäerz 2020 vun der Gemeng Biwer ugeholl gouf (veuillez lire: deen de 17. Dezember 2019 vun der Gemeng Biwer an de 5. Mäerz 2020 vum Inneministère ugeholl gouf).

Erëm eng kleng Parenthèse: Et huet sech am Fong erginn, datt d'Aarbechten, déi urspringlech virgesi waren, dat heescht Renovatioun a Viabilisatioun vum Site, och den urspringleche Budget vun 300 Milliounen Frang wäit iwwerschrott huet. Woubäi ee muss soen, datt et oft de Fall ass, datt, wann ee bis ufänkt ze renovéieren, ee schlecht ... oder net schlecht Erfarungen, mee komesch Iwwerraschungen huet. A meeschtens kascht et méi deier wéi dat, wat ee geplangt huet. Dir gesitt, de Begrëff „Sanéierung“ war virun allem d'Schlësselwuert fir dat, wat bis elo geschitt ass op dësem Site.

Domadder ass déi urspringlech Missioun vun dësem ëffentlechen Etablissement um Enn vu senger Missioun ukomm. Dofir wëlle mir haut en neit Gesetz hei ofstëmmen, fir kënn mat enger neier Phas vum Projet unzufänken. Et ass och decidéiert ginn, de Projet dem Fonds du logement ofzeginn, well si als ëffentleche Promoteur déi néideg Erfarung hunn, fir esou Projeten nohalteg a sënnvoll ze entwéckelen.

Hei geet et och net just drëms, iwwerhaupt just e Bauprojet ze entwéckelen, mee mir schwätzen och vun engem Suivi vun deem ganze Chantier.

Et ass och méi sënnvoll déi ganz Entwécklung engem eenzege Maître d'ouvrage ze iwwerloossen,

fir natierlech engersäits méi Kloeerheet, eng besser Koordinatioun, awer och eng besser Planbarkeet an deem Projet ze kréien. Dat hei ass also een éischte Schrott a mir wäerten och nach eng Kéier zesummekommen, fir deemnächst iwwer en neie Finanzéierungsprojet fir dës Cité Syrdall ofzestëmmen.

Och wa mir an Zukunft am Detail wäerten driwwer schwätzen, erlaabt mer awer, vun der Geleënheet ze profitéieren, Iech schonn e puer Wuert zu deem Projet ze soen. Déi nei Cité Syrdall besteet aus enger Mëschung vun Eefamilljenhaiser, Bifamilljenhaiser an natierlech och vun Appartementseenheeten. Dat Ganzt ass vum Urbanismus hier natierlech un de ländleche Charakter ugepasst a gesäit am Ganzen eng ronn 164 Wunnenge vir.

E groussen Deel vun de Wunnengen - wéi och den Här Minister dat scho virdu gesot huet -, quasi 70 %, sollen an déi abordabel Locatioun goen. De Rescht gëtt verkaaft - zum Deel subventionéiert an zum Deel och net subventionéiert.

De Quartier gëtt an der Planung allgemeng verkéiersberouegt geplangt, fir natierlech e bessert Liewen ze hunn, also eng besser Liewensqualitéit. Dofir sinn och alleguerten d'Carporten an der Peripherie vun deem ganze Site virgesinn.

De Quartier ass iwwregens net just un de Bus - muss een hei betounen -, mee och un deen Zuch ugebonnen.

De Projet gesäit och eng Renaturéierung vun der Sir vir.

Elo kuerz zu den Aarbechte vun der Logementskommissioun: D'Gesetz gouf den 22. Abrëll 2021, also dëst Joer, vum Logementsminister deposéiert. Den 23. Abrëll 2021 koom en zousätzlechen Depot zum Gesetzesprojet. D'Logementskommissioun gouf och den 29. Abrëll 2021 mat dësem Gesetzesprojet saisiéiert. Den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ass de 7. Juni erauskomm, wou si och ausdrécklech dës Demarche vun der Suppressioun vum Fong ënnerstëtzen.

Mir kruten den Avis vun der Chambre de Commerce um 12. Oktober. Si encouragéieren d'Regierung am Fong, dat Ganzt esou séier wéi méiglech ze maachen. Den Avis vum Staatsrot koom de 26. Oktober 2021. Si hate keng weider Bemierkungen.

De Gesetzesprojet gouf da vum Logementsminister, der Logementskommissioun an der Sëtzung vum 28. Oktober och virgestallt an d'Memberen haten déi Occasioun, fir hir Froen iwwert de Projet ze stellen an och allgemeng iwwert de Projet ze schwätzen. An där selwechter Sëtzung hu mer och de schrëftleche Rapport vun deem Projet ugeholl.

Dat alles gesot, hoffen ech natierlech op eng breet Ënnerstëtzung vun Iech a ginn am Numm vu menger Fraktioun och schonn den Accord fir dëse Gesetzesprojet.

Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools der Madamm Ahmedova.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Lies. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

■ **M. Marc Lies (CSV)**.- Jo, Här President, merci fir d'Wuert. Ech soen och der Rapportrice vun dësem Projet e ganz, ganz décke Merci fir déi detailléiert Analys, déi si gemaach huet vun dësem Projet. Ech mengen, en interessante Projet, wou de PAP 2020 gestëmmt ginn ass vun der Gemeng Biwer, wou eng 164 Wunnenge wäerten an deenen nächste Jore geschaaft ginn.

Bon, ech mengen, wichteg ze soen zu der Cité Syrdall ass, datt d'Cité Syrdall natierlech iwwert déi lescht Joerzéngte komplett delabréiert war, wou Wunnengen och scho virun enger zeg Jore gebaut gi sinn, déi awer iwwert déi lescht Joerzéngten net méi bewunnt waren an et dofir eng Cité war, déi komplett delabréiert war. Dofir, datt eeben dëse Changement elo kënn, datt de Fonds du logement dat iwwerhëlt, ass, mengen ech, ze begrëissen. Datt dann och do abordabele Wunnraum an deenen nächste Jore soll geschaaft gi mat 164 Wunnengen, wou och déi sozial Mixitéit virgesinn ass, dat ass richtig a wichteg.

Ech hat et och schonn an der Chamberskommissioun gesot an och monéiert, datt awer opzepassen ass, wann eeben den Taux vum Locatif deement-sprechend héich ass, datt déi Mixité sociale wierklech assuréiert bleift. Duerfir wäerte mer dat och an deem Sënn mat suivéieren. Ben, ech mengen, wann elo déi nächst Etappe sinn, datt wierklech op déi sozial Mixitéit do soll uechtgi ginn. Dofir, an dësem Sënn, wat elo dës Phas vun dësem Projet ugeet, do-mat si mer ganz sécherlech d'accord a ginn och den Accord dozou.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Lies. Ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (DP)**.- Merci, Här President. Fir d'éischt och e grouse Merci un d'Rapportrice vun dësem Projet de loi. Hei géif ee bal haut soen, eng Never-ending-Story géif op en Enn goen. D'Problematik vun der Cité Syrdall zitt sech säit Joerzéngten. Dat war fir d'Gemeng Biwer an och fir déi Nopeschgemenge wierklech eng Belaaschtung. An ech mengen, all Mënsch an deem Eck ass frou, dass elo e flotte Projet do entsteet, e Projet vun abordablem Wunnraum, e Projet och mat héijer Liewensqualitéit. Dofir kënn mir als Fraktioun nëmmen eisen Accord ginn zu dësem Projet de loi.

Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Gilles Baum. Da wier et um Här Mars Di Bartolomeo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**.- Merci, Här President. Merci der Madamm Rapportrice fir dee vollständige Rapport. Ech hunn eigentlech näischt bäizefügen zu deene ganz pertinente Bemierkunge vu menge Virriedner a bréngen den Accord vun eiser Fraktioun.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Di Bartolomeo. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen ... nee virdrun d'Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Jo, merci, Här President. Merci och der Rapportrice. D'Gesicht vum Site vun der Cité Syrdall an de verschiddene Bau- an Notzungsprojeten, déi iwwer Joerzéngten a Planung sinn oder gebaut gi sinn, ass sécherlech eng spannend. Déi ganz Entreprise - fir elo net déi ganz Geschicht opzerullen -, fir un all Terrainen an Immeublen um Site ze kommen, huet de Fonds säit senger Grënnung 1998 bis haut 23 Joer kascht. E puer Objete sinn, laut dem Projet de loi, nach net ofgewéckelt. Dat ass eng laang Zäit.

De Fonds hätt solle mat Hëllef vun Accorde mat de Propriétaire vun den Immeublen a Parzellen um Site un déi verschidden Objete kommen, mam zousätzlechen Element, dass si e Virkaafsrecht op déi nei Wunnenge solle kréien, déi an den nächste Jore gebaut ginn. Donieft konnt de Fonds och Expropriatiounen duerchféieren opgrond vun der Utilité publique.

Déi laang Dauer vun dësem Ënnerfaangen huet ënner anerem domat ze di gehat, dass d'Propriétaires ze héich Präisser gefrot hunn an et, zumindest bis 2013, ni zu enger Expropriatioun komm ass, esou steet et an engem Spezialrapport vun der Cour des comptes. Doduerch erklärt sech wuel och, dass de Fonds trotz Fonds propres vu 7,5 Milliounen Euro haut eng Dette mat weideren 12 Milliounen Euro un de Fonds du logement verierft.

D'Problematik ass eng komplex. De Staat huet net déi néideg Handhab an esou Situatioune wéi dësen an d'gesetzlech Grondlag bei Expropriatiounen ass, wéi gewosst, ëmstridden. D'Propriétaire vun den Immeublen um Site waren a sinn natierlech och an enger schwéierer Situatioun, déi sech méi zougespëtz huet, well d'Präisser um Wunnengsmarché an de leschte 15 bis 20 Joer ëmmer méi geklomme sinn. „Wuer ginn ech hin, wann ech hei fort muss? A wéi kann ech eppes fannen, wann ech hei net de Maximum kann aushandele fir mäi Logement?“, hu si sech warscheinlech gefrot. Eng ganz legitim Astellung, natierlech.

D'Cité Syrdall ass also en Ausdrock an och e Vorbote vun der Logementskris, an där mer haut sinn, wou ee sech ausserdeem och ka froen, wéi staark d'Logéieren ënner schlechte Konditiounen als Phenomeen zu Lëtzebuerg zougeholl huet an dës Situatiounen deelweis och illegal sinn - wann och aus anere Grënn.

Et muss een also nodenklech a kritesch op déi lescht Joerzéngten an dësem Dossier zréckblécken. Dëst Gesetz hei stëmme mir mat an hoffen, dass de Bau vun neie Quartier op enger direkter un den Zuch ugebonnener Plaz elo séier uleeft.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Oberweis. Da wier et um leschten ageschriwwene Riedner, dem honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Och merci der Rapportrice. Och mir wäerten eisen Accord ginn.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wunnungsbauminister Henri Kox.

### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Henri Kox, *Ministre du Logement***.- Jo, merci all de Virriedner. E spezielle Merci un d'Rapportrice. Et ass alles gesot ginn. Et ass effektiv e Projet, dee schonn e ganz, ganz laange Baart huet, effektiv - et ass virdru gesot ginn - Joerzéngte schonn. Ech









sichtegt d'Liewensdauer vun de Gebaier bis zum Réckbau, wann néideg.

D'Approche vun der Économie circulaire geet Hand an Hand mat enger Auswiel u Bauelementer, Materialien, Techniken, déi als Zil hunn, esou montéiert a benotzt ze ginn, dass och den Ofbau an d'Wiederverwertung berücksichtegt ginn. D'Virgoensweis, fir bei dësem Projet op Prefabrikatioun zrëckzegreifen, ass engersäits ëmweltschounend an anerersäits gött mat manner Manpower gebraucht: en interessante Konstruktiounssystem, deen an Zukunft ganz kloer muss ausgebaut ginn.

En anere wichtege Aspekt vun dësem PAP ass d'Mobilitéé douce. Well et an der direkter Noperschaft vum Wunnprojet eng Gare gött an den Tram an Zukunft bis bei den Europalycée soll verlängert ginn, konnt mat der Gemeng Mamer hei och en Accord fonnt ginn, fir d'Unzuel u Parkplaze vun zwou op eng pro Wunnunitéit ze reduzéieren, wat am Ganzen derzou féiert, dass eelef Wunnunitéite méi realiséiert kënnen ginn.

Här President, d'Offer u bezuelbarem Terrain erheijen an engem Land, wou den Terrain u sech e seelent Gutt ass, bréngt mat sech, dass ee sech ganz gutt iwwerleeë muss, wou a virun allem wéi ee baut. Jo, mir musse méi bauen an och méi séier bauen. Fakt ass awer och, dass mer an enger gudder Qualitéit a virun allem nohalteg a méi dense musse bauen. Et handelt sech ouni Zweifel ëm grouss Investitiounen, déi an den nächste Joren zu Mamer investéiert ginn; Investitiounen, déi souwuel der sozialer Kohäsion wéi och dem Bien-être socio-économique vun den Awunner an Zukunft zegutt kommen.

De Projet „Wältgebond“ baséiert um Prinzip vun der nohalteger Entwécklung a profitéiert vu senger Proximitéit zum ëffentlechen Transport, den ëffentlechen a schouleschen Ariichtungen, Servicer a Gréngflächen: en zukünftege liewenswäerten an nohaltege Wunnquartier, deen e weidere Schratt an déi richteg Richtung duerstellt, fir der Wunndeierecht hei zu Lëtzebuerg entgéintzewierken also.

Dofir ginn ech am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord an ech soen Iech, léif Rapportrice, villmools Merci fir Äre ganz flotten a gudden Schrëttchen awer och mëndleche Rapport. An Iech, léif Kollegen, géif ech villmools Merci soe fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Här Max Hahn villmools Merci a ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, léif Kollegen, ech mengen et kann een net behaupten, dass keng Beweegung an de Secteur erakënn. An deene leschte Woche krute mer eng Rei vu Projekte presentéiert, déi mer alleguer begrëssen. Bon, et ass nach ëmmer esou, dass och mat deene Projeten d'Problematik vun der Wunnengsnout a virun allem vum abordable Wunnensbau net geléist ass. Duerfir misste mer quasi am Monatsrhythmus änlech Projekte kënnen presentéieren.

Bon, dass mer dat alleguer wëllen, ass kee Geheimnis. D'Realitéit ass allerdéngs eng aner! Ech maachen de Constat, dass vun der Iddi vun engem Projet zu der Realiséierung vum Projet a bis zu deem Moment, wou mer de Leit kënnen de Schlëssel an de Grapp drécken, fir dass se en abordable Daach iwwert dem Kapp hunn, ze vill Zäit vergeet.

Elo kann een driwwer diskutéieren wat d'Ursaachen do dervu sinn, mee d'Tatsach ass, dass mer ze laang brauchen, fir kënnen ze liwweren.

Ech hunn haut de Moien an enger grousser Dageszeitung gelies, dass bei engem anere private Projet déi Zäiten zwëschen der Ofstëmmung iwwert de PAP oder iwwert de PAG virdru bis zur Schlëselfäerdegkeet fënnef Joer verginn. Hei si mer bei zéng Joer an dat ass laang. Et ass ze laang an enger Situatioun, wou de Wunnengsmaat ganz staark ugespaant ass.

Ech begrëssen ausdrécklech, dass de Minister de Pilgerstaf geholl huet, fir de Wunnensbauproblem net aleng, mee esou wéi dat net aneschtens ka sinn, mat allen Acteuren an Ugrëff ze huelen. An zu deenen Acteuren gehéiere selbstverständlech d'Gemengen, mee och de Privatsektor, d'ASBLen, d'Kierchefabriken. Ech soen dat esou, wéi dat ass, well dat waren déi, déi an der Lescht ganz emseg gebaut hunn an och vun deene ganz gönschtege Konditiounen profitéiert hunn. Ech maachen do kengem e Reproche, well all Wunneng, déi geschaaft gött, ass eng gutt Wunneng! Mee ech mengen, dass een déi Konditiounen muss vereenheetlechen, souwuel wat d'Hëllef ugeet, wéi wat d'Konditiounen ugeet, un déi ee sech muss halen, wann ee verlouft.

Et kann net sinn, dass déi eng zu 5 Euro musse verlouen un een, deen net méi kann ausginn, an en aneren 10 Euro ka bezuelen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Da gött den abordable Wunnensbau zu engem gudden Geschäft! An dat kann et net sinn!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Den abordable Wunnensbau däerf kengem et erlaben, fir domat vill Geld ze verdéngen. Dat heescht, d'Konditiounen mussen equilibriert ginn, et mussen déi selwecht ginn an da muss och jiddwereen d'Recht op déi selwecht Hëllef hunn, ob dat e Privaten ass, dee sech un d'Konditiounen hält, ob dat eng Gemeng ass, ob dat de Staat, eng staatlech Wunnensbaugesellschaft ass oder ob et ASBL sinn, ob et Wunnengshëllefassociatiounen sinn: selwecht Konditiounen, selwecht Hëllef an dann herno och selwecht Konditiounen fir déi, déi an d'Haiser erakommen.

Dat gesot, mengen ech, ass et och wichteg, dass bei engem Projet, deen awer e grousser Projet ass, déi Mobilitéitskonzepter mussen stëmmen, dass ee mat der Gemeng eens gött, dass aus zwou Stellplazen eng gött. Wann nëmmen eng Stellplatz do ass bei Haiser - an där sinn der jo dobäi -, déi méi wéi een empfänken, wou herno och Kanner sinn, déi méi grouss ginn, déi da méi Autoen op d'Strooss bréngen, ass et enorm wichteg, dass de Mobilitéitskonzept vun Ufank u klappt, fir dass déi jonk Leit, déi an deenen Haiser eruwuessen, direkt mat dem ëffentlechen Mobilitéitskonzept konfrontéiert sinn an dat a Fleesch a Blut iwwergeet herno, wa se Erwuessener sinn oder wa se Jugendlecher sinn, wa se sech aus der Gemeng mussen erausbeweege fir ze schaffen, ze studéieren an esou weider.

Dat gesot, begrësse mer de Projet a soen der Rapportrice ausdrécklech Merci fir dee vollstännegen Rapport. A mir hu schnell geschafft, méi schnell wéi d'Projeten um Terrain weiderginn. Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Di Bartolomeo. An den nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Här President, ech erlabe mer kuerz d'Wuert ze huelen, fir op dëse Projet anzugeen an den Acteuren heivun ze felicitéieren. Un d'Expertis an d'Detailéierterheet vun der Rapportrice Semiray Ahmedova kommen ech net erun. Ech wëll hir awer heimadder e grousser Merci soe fir hire komplette Rapport, deen eis mat an de „Wältgebond“ geholl huet.

Et ass schéin um „Wältgebond“. Et kënn ee gutt dohin, mam Bus op den Arrêt Tossebiere, mam Zuch op den Arrêt vum Schoulcampus, mam Vëlo iwwert d'PC13 an ze Fouss aus dem Duerf duerch de Park erop an de Quartier „Op Bierg“ bis an dësen neie Quartier, de „Wältgebond“.

En ass also gutt ugeschloss a jo, den Auto kënn duerch d'Zon 30 och nach bis dohin. Trafick hu mer allerdéngs scho genuch bei eis zu Mamer an do si mer ganz sécher net déi Eenzeg, well de Wuesstum vun eiser Gemeng dréit säint derzou bäi. Dofir si grad déi genannten Alternativen immens wichteg. An ech wëll als luewenswäert och hei nach eng Kéier erwirsträichen, dass d'Gemeng Mamer averstane war, fir déi soss üblech zwou Parkplaze pro Wunneng op eng ze reduzéieren, dës en faveur vun eelef neien zousätzleche Wunnengen an hoffentlech och manner Trafick, manner Stau a manner CO<sub>2</sub>. Dir gesitt, dëse Projet mécht d'Gemeng Mamer nach méi nohalteg, wéi se elo schonn ass.

(**Brouhaha**)

Urbanisteschech ass et e flotten neie Quartier, dee Wäert leet op Liewensqualitéit, op Begëinungsuerter tëscht den Haiser a Residencen an natierlech och eng nohaltege Bauweis.

Ech weess guer net, firwat hei op menger rietser Säit d'Leit esou opgereggt sinn. Ech wëll einfach nëmmen e Projet a menger Gemeng luewen.

(**Brouhaha**)

Et ass e Projet, deen der nationaler ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - An dëse Quartier kritt nëmmen eng amplatz zwou Schnéiketten.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Dat hutt Dir scho gesot. Mee wësst Der, Här Mars Di Bartolomeo, fir mech ass dat Schnéi vu gëschter.

(**Hilarité**)

An ech erlabe mer dann elo weiderzefueren.

(**Brouhaha**)

Et ass e Projet, deen der nationaler wéi lokaler Demande fir Wunnengsraum nokënn a wou de Staat an d'Gemeng hir Verantwortung iwwerhuelen.

Léif Kolleginnen a Kollegen, Mamer ass eng liewenswäert an attraktiv Gemeng. An ech ka ganz gutt verstoen, dass ee wëllt dohinne wunne kommen an ech si frou, dass mat dësem Projet eng weider Gemeng - meng Gemeng - hir Verantwortung fir

de sozialen, abordable, mee och nohaltege Wunnensbau iwwerhëlt am Respekt vun enger sozialer Mixitéit, am Hëllek op Accessibilitéitsstandarden an am Wuel vun enger jonker Generatioun, déi e Recht op Wunnen huet. An domadder ginn ech am Numm vu menger Fraktioun eisen Accord fir dëse Gesetzesprojet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Bernard. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Mir begrëssen all Wunneng, déi nei gebaut gött a mir ginn och eisen Accord. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis. Gedold, Här Roth, wannechgelift!

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir gesinn d'Debatt iwwert d'Finanzéierungsgesetz am Kader vum Bau vun ëffentlechen Wunnengen ëmmer op zwee Niveauen. Engersäits geet et ëm d'Gesetz, wat de konkrete Bauprojet betrëfft. An anerersäits schreift sech dëse Projet awer och an d'Logementspolitik am Allgemengen an an hei méi speziell an déi dréngend noutwendeg Beschleunegung vum Bau vun ëffentlechen abordable Wunnengen.

Zum éischte Punkt halen ech mech kuerz. Mir stëmmen dat Gesetz hei mat, well et dat finanzéiert, wat mir onbedéngt brauchen: abordable Wunnraum. Beim Quartier „Wältgebond“ fällt eis positiv op, dass mat knapp 72 % hei verstärkt op Locationswunnenge gesat gött. 20 % vun de Wunnenge ginn an de subventionéierte Verkauf an 8 % an den net subventionéierte Verkauf.

Déi 8 % sinn och aus eiser Siicht ze verkraaften, besonnesch wann ee bedenkt, dass Leit, déi d'Krittäre fir d'Vente subventionnée net erfüllen, och a groussen Deeler keng Wunneng méi um Privatmarché fannen. Déi Leit sinn oft änlech schlecht drun wéi déi Dausende Mënschen op de Waardelëschte vum Fonds a vun der SNHBM, déi jorelaang musse waarden, bis se eng Wunneng kréien.

De Problem beim Verkauf vu Wunnenge gesi mir éischter dann optrieden, wann d'Wunneng erëm verkaf gött, an dat aus deene bekannte Grënn. D'Leit kréie just de Wäert vum Haus oder vum Appartement erëm, also manner wéi de Kafwäert a mussen dann op de Privatmarché, wou d'Präisser vum Terrain weider geklomme sinn. Esoulaang den ëffentlechen Bestand u Wunnengen net méi grouss ass a Relogementer problemlos méiglech sinn, gesi mir d'Vente kritesch, well Leit esou awer riskéieren, fréier oder spéider dem Gesetz vum Privatmarché ausgeliiwert ze sinn.

Mir begrëssen och, dass plazspuerend gebaut gött a Méifamiljenhaiser a virun allem, dass nëmmen eng amplatz vun zwou Parkplaze virgesinn ass pro Wunneng. Dat ass absolut vertriebar, vu dass de Quartier bei der Gare zu Mamer läit. Et dréckt d'Baukäschten an et erméiglecht manner Versiegung vum Buedem a manner Opkomme vu Bau-schutt. Dat sinn definitiv positiv Punkten.

Här President, de Bauprojet „Wältgebond“ ass awer och ee vun de méi groussen Projekte vum Fonds du logement fir déi nächst 10 bis 20 Joer. An ech wëll dann och kuerz op dës Perspektiven agoen.

D'Joresberichter verroden eis, dass de Fonds du logement an de leschte fënnef Joer am Schnëtt 89 Wunnengen d'Joer fäerdeggestallt huet. Eng wierklech Verännerung vum Trend ass net ze erkennen. A wann, dann ass d'Tendenz éischter stabil bis negativ. „Wältgebond“ liwwert 16 Wunnengen d'Joer, wann een et elo als Moyenne ausdréckt, bis zur projeziierter Fäerdegstellung Richtung 2028/2030. Déi aner grouss Projekte wéi Diddeleng, lechternach, Syrdall a Wolz kënnen d'Moyenne op 89 Wunnengen d'Joer eropschrauwen.

2.500 Logementer soll de Fonds fäerdegstellen iwwert déi nächst 15 bis 20 Joer. Wann d'Delaien agehale ginn, da kann ee mat enger Verduebelung vun der Wunnengszuel d'Joer an den nächste 15 bis 20 Joer rechnen. Dat ass positiv, jo! Mee ech nennen déi Zuelen, well se par rapport zum Bedarf, wéi Der wësst, ëmmer nach eng Drëps sinn.

Am Rapport vun 2020 vum Fonds stinn nämlech och 1.100 nei Demandé vu Leit, déi eng Wunneng brauchen. Missten all déi ënnerbruecht ginn, misst ee se an de Wunnengen openeeleen, esou héich ass d'Diskrepanz tëscht Bedarf an Output.

D'Depensen am Fonds spécial deiten och genee op dës Verduebelung vum Output hin, well d'Ausgabe vu ronn 100 Milliounen d'Joer 2019/2020 op 204 Milliounen Euro am Joer 2025 projeziert ginn. Dat stellt d'Situatioun vläicht nach besser duer, wéi se ass, well 204 Milliounen Euro erméiglechen 2025 net automatesch zweemol méi wéi 100 Milliounen ze bauen, net bei där Präisentwécklung allgemeng zu Lëtzebuerg, bei den Terrainen am Speziellen.

Aus eiser Siicht muss een also soen: Gutt, dass de Motor esou lues un d'Rulle kënn, mee e stottet

nach an e kéint och ofsaufen, wann ech däerf esou soen, wann en den héije Bierg eropfuere misst, dee mer mussen eropfuere.

An deem Kontext wëllt ech a puncto Fonds du logement och nach d'finanziell Situatioun uschwätzen. Am Gesetz iwwert de Fonds Cité Syrdall gött de Plaffong eropgesat, wéi mer wëssen, vun 120 op 135 Milliounen fir Prëten, déi de Fonds mat staatlecher Garantie bei enger Bank maache kann. Mir verstinn dat als Reaktioun op d'Dette vun 12 Milliounen Euro, déi de Fonds vum Fonds Cité Syrdall ierft.

Am Bilan 2020 vum Fonds du logement sti 76 Milliounen Euro Dette, dovunner ronn 40 Milliounen Euro Prête bei Banken. Mat der Schold vum Fonds Syrdall klëmmt d'Dette vum Fonds du logement also op knapp 90 Milliounen Euro.

De Choix, dem Fonds du logement direkt staatlech Prëten ze ginn am Kader vun der Finanzéierung fir de Projet „Wältgebond“ zu Mamer, gesi mir virun deem Hannergrond. Dee Choix bewäerte mir éischter positiv, och well de Fonds doduerch besser Konditiounen huet an de Projet manner kascht um Enn. Mee mir kennen awer d'Hannergrënn net, och well se net richtig erkläert sinn am Gesetz.

D'Envergure vum Projet ka jo net eleng d'Erklärung sinn; et goufe jo scho méi grouss Projeten an der Vergaangenheet. Dofir folgend Froen un den Här Logementsminister: Ass d'Envergure vum Projet deen eenzege Grond fir de Choix vum direkte Prêt vum Staat? A wéi eng aner Iwwerleeungen hunn zu dësem Choix gefouert? Huet de Fonds nach genuch Spillraum fir weider Prête bei Privatbanken? A wat sinn d'Grënn dofir? Wéi vill besser sinn d'Konditiounen vum direkte Prêt vum Staat un de Fonds? A wéi vill mécht dësen Ënnerscheid an der Endofrechnung aus? Misst de Finanzement vum Fonds du logement net iwwerduecht ginn, besonnesch wann de verstärkten Akzent op abordable Locationswunnengen aner finanziell Fluxen fir de Fonds mat sech bréngt?

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Ech hat zwar net wëllen, zum Projet ze schwätzen, mee ech muss awer elo e bëssen eppes soen.

D'lescht Woch krut ech der nach mat der Schnéika-noun ronderëm d'Ouer.

(**Hilarité**)

Da soen ech alt, mir si vläicht net ëmmer klimanohalteg zu Mamer, mee zumindest de Wunnensbau ass sozial nohalteg.

■ **Plusieurs voix.** - A!

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Dat hei ass e schéine Projet. Mee ech wëll awer mat allem Enthusiasmus soen, och un d'Adress vun der Regierung, et sollt awer och eng Léier sinn, dass een och als ëffentleche Bauträger méi schnell a virun allem och méi rationell ka bauen. Well den Här Lies huet gesot, 83 Milliounen Euro fir 162 Appartementer, dat ass eng stolz Zomm. Et louch net un der Gemeng, dass et esou laang gedauert huet. Mee heiansdo muss een och als ëffentleche Bauträger, wann ee mat anere Promoteure verhandelt, zum Beispill fir e Lotissement un en anert unzeschleissen, da kann een net soen: „Mir si Fonds du logement an duerfir bezuele mer näisch.“

Jiddweree weess heibannen als kommunale Verantwortlechen, dass, wann ee sech un en anert Lotissement uschleisst, een dann eng Participatioun un der Infrastruktur ze bezuelen huet. Dat zielt och fir d'SNHBM an dat zielt och fir de Fonds du logement.

Da gött gesot: „Mee dat do, do stinn d'Leit am Stau.“ Ech géif dann nach eng Kéier de vibranten Appell maachen. Ech hunn dat schonn des Éfteren och dem Här Bausch gesot, da soen ech et och eng Kéier riicht eraus als Deputéierten: Et kann net sinn, dass deen ee Service bei Ponts et chaussées net mat deem anere Service an der Direktioun eens gött an dass ee sech net kann eens maachen iwwer acht bis zéng Joer, fir am Tossebiere - uewe beim Cactus, fir et net ze nennen - d'Luuchten aneschtens ze stellen!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Well duerfir stinn d'Leit tëscht 8.00 an 9.00 Auer moies do endlos am Stau.

An et si jo eng Rei Deputéiert, déi kennen dat all Dag: d'Madamm Cloener, den Här Keup, d'Madamm Bernard, ech selwer, den Här Negri sëtzt och hei ... Et hänkt just un enger Astellung vun enger Luucht, well iwwert de Rescht vun dem Dag geet dat ganz gutt do.

An duerfir eng Kéier mäi vibranten Appell: Här Kox, schwätzt mat Ärem Colocataire a mat Ärer Colocatrice an dem Héichhaus an da mussst Dir och eng Kéier als Regierung an als verantwortlech Ministe-





ren d'Responsabilitéit huelen, mat der Fauscht op den Dësch schloen, an net, wann d'Gemeng Mamer e Bréif schreift, dass dann d'Phas gréng moies e bësse méi laang ass, a wann dann, ech soen emol, e private Betrib schreift, dass moies um 8.00 Auer d'Leit dann awer vläicht méi séier vum private Supermarché erauskommen, dass dann d'Gréngphas gekierzt gëtt.

Et läit just dodrun. Et deet mer leed, dass ech dat elo esou éierlech riicht eraus hei soen. Dir musst och elo emol eng Kéier eng Verantwortung huelen. Wësst Der, déi, déi moies an de Cactus erafueren, déi hunn och Zäit, fir eng hallef Minutt méi laang bei der rouser Luucht ze stoen, fir erëm erauszefueren. An déi Leit, déi op d'Schaff fueren, déi kucken, dass Steiere verdéngt ginn, an déi kucken, géint Loun a Gehalt ze schaffen, dass déi kënnen duerchfueren.

Ech wëll net méi soen, mee wann et dat ass, da wär dat och vläicht méi nohalteg.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Roth.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wunnengsbau-minister Henri Kox.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Henri Kox, Ministre du Logement.**- Merci, Här President. An da merci emol fir d'éischt der Rapporteuse fir erëm de ganz ausféierleche Rapport vun dësem Projet - e wichtege Projet, dee weist, dass mer awer ënnerwee sinn. An ech weess net, vu wiem virdru gesot ginn ass ... Dach, den Här Di Bartolomeo huet gesot, dass mir eng ganz Rei vu Projeten hunn, an nach d'Madamm Oberweis huet gesot, dass mer esou lues ukommen.

Jo, mir kommen un, well net méi spéit wéi d'nächst Woch, an ech ginn elo net an den Detail, wäerte mer de Projet Diddeleng um Ordre du jour vun dem Regierungsrot hunn.

Meng Ambitioun ass, séier ze bauen; si ass, dense ze bauen; si ass, käschtégenschteg ze bauen; si ass, novollzéibar fir jiddwereen ze bauen; si ass eeben, wann ech „novollzéibar“ soen, transparent a mat de Gemengen.

Wann een dense wëllt bauen, insbesondere wann d'ëffentlech Hand wëllt dense bauen an insbesondere wann d'SNHBM an de Fonds du logement wëllen en densé Projet bauen, dann ass d'Retizienz, an dat muss ech awer och dann éierlech soen, well den Här Roth huet gesot, d'Regierung muss och dann éierlech dat uschwätzen, dann hunn ech e bësse Problemer, fir déi Densitéit mat deene jeeweilege Responsabelen an de Gemengen ze diskutéieren. Da geet et iwwert d'Mixitéit, da geet et iwwert dat.

Mir haten eng Rei Projeten an der Vergaangenheet, an dat ass ee vun deene Projeten, déi mir och ze deier sinn, wat d'Ausféierungen ubelaangt, wat vläicht d'Infrastrukturkäschten ubelaangt, wat och de Parkraumschlëssel ubelaangt, déi extrem käschtenintensiv sinn. A mer hunn ech d'Freed - an ech gi gär dohinner -, op „Elmen“ ze goen, wou mer de Spuetestéch vun der Schoul wäerte maachen, zesumme mam Buergermeeschter. An do hate mer d'Diskussioun ëm d'Verhältnis tëschent deem, wat mer bauen, an der Densitéit an dem ëffentleche Raum. An deen ass wichteg, dass mer deen zrëckginn de Leit, déi do wunnen an dem Parking, well mer do jo op de Wee gaange si vu Sammelparkingen, wat u sech ganz sënnvoll ass.

Wa mer awer dann d'Densitéit an de Käschtepunkt kucken - an dee muss vun iergendengem gedroe ginn -, da scheiden sich aber die Geister. An dat ass dat, wat ech och hei an dësem Projet feststellen. An duerfir sinn ech frou, an et ass virdru vum Mars Di Bartolomeo gesot ginn, et ass och vum Buergermeeschter virdru gesot ginn: Hei geet et nëmmen zesummen!

Et geet nëmmen, wa mer déi Projeten och vu vir bis zum Schluss richteg an der Finalitéit esou iwwerleeën. An duerfir sinn ech och ganz frou, dass mer am Summer, mengen ech, zesummesouzen, fir de Projet nach eng Kéier a senger Integralitéit ze iwwerkucken, insbesondere wat de Käschtepunkt vun de Parkingen ubelaangt.

Wann Der en Haus baut mat zwou Parkplazen an enger Schlofkummer, dann ass dat méi deier wéi en Haus mat zwou Schlofkummeren an enger Parkplaz. Dat heescht, de Parking huet hei immens an d'Gewiicht geschloen. Firwat? Well mer och nach an de Buedem gaange sinn, well mer och nach an de Minus-3 gaange sinn. An duerfir war ech ganz frou, dass mer déi Mobilitéitsfro awer och ugeschwat hunn. An ech huelen dat gäre mat.

Mir müssen awer och kucken, wa mer do déi gréng Phas ... Ech kenne mech do elo net ..., ech kenne mech wuel aus. Ech weess net, mee da wäert déi nächst gréng Phas och néideg sinn, well ech weess net, ob dat am Endeffekt eng nohalteg Léisung ass.

Mee ech huelen dat mat, ech huelen et ganz kloer mat.

Mee wat wichteg ass bei deem Projet, wouriwwer mer eis dann ënnerhalen hunn: Wat kascht dann elo dee Parking? Wat kascht déi zweete Parkplaz, wa mer aus Erfahrung wëssen, dass déi, wou mer abordabel Locatiounswunnengen hunn, am Schnëtt - an dat seet eis d'SNHBM an och de Fonds du logement - just ee Parking brauchen. A well awer hei och den Effort ... Éischstens: Mir hunn eng Zuchlinn. Mir hunn op där anerer Säit Buslinnen, dat heescht, mir müssen dat Konzept natierlech och mat de Leit vun Ufank un diskutéieren, dass déi dat dann och esou an Usproch huelen.

Ech sinn awer frou, dass mer doduerch, dass mer de Parkraumschlëssel reduzéiert hunn, méi Wunnenge konnten an der Abordabilitéit maachen. Dofir sinn déi Käschtetroe vun Ufank un ze kucken. An ech sinn Demandeur, fir dat awer zesumme mat lech a mat de Gemenge vun Ufank u kënnen duerchzegoen.

Hei ass awer och e Projet, dee weist, dass mer mat der Privatindustrie oder der Privatwirtschaft zesummeschaffen. Jo, d'Diskussioun ass opkomm iwwert d'Bedelegung vun den Infrastrukturkäschten, awéiwäit d'ëffentlech Hand sech do muss bedeelegen. Fir mech ass dat ganz kloer: Jidderee muss sech pro rata dru bedeelegen, esou wéi hien d'SCBen, also d'Surfaces construites brutes, kritt, fir dat entspriechend och ze maachen.

Da muss een awer och kucken, wien déi Käschten dréit. Ass et d'ëffentlech Hand? Ass et deen, deen dervu profitéiert? A wann een eppes an d'Vente gëtt mat der Emphyteos, wou den Terrain neutraliséiert gëtt, da müssen awer d'Baukäschte vun deemjeinege gedroe ginn, fir kënnen dann och ze verlounen.

Dat gëtt och ausgerechent, Här Lies, well alles, wat an d'Vente geet, dat geet eent zu eent op. Wat awer an d'Locatioun geet ... An dofir hat ech virdru jo d'Geleeënheet geholl, am 1979er-Gesetz iwwert dee Bailleur social ze schwätzen. Ee vun de gréisste Bailleur-socialen, dat ass de Fonds du logement. De Fonds du logement huet haut iwwer 2.000, 2.200 Wunnengen an der Locatioun. An dofir huet de Fonds du logement am Ënnerscheid zu der SNHBM jo e speziell Gesetz.

Dat hutt Dir hei an der Chamber gestëmmt - vläicht war ech och deemools derbäi. Dat heescht, dat ass gestëmmt ginn, well en eeben en Déficit d'exploitation um Schluss vum Joer huet, well en - an dat huet den Här Di Bartolomeo exzellent erkläert - eebe grad déi Wunnengen zu engem abordabele Präis verlount, dass déi, déi do dra wunnen ... an dat sollt Dir jo an de Gemengen och maachen. Dofir hu mer jo agefouert an deem neie Gesetz: De Bailleur social wäert deenen nach eng Kompensatioun musse ginn, déi eng Wunneng verlounen un een, deen necessiteux ass a wou säin Taux d'effort minimal ass, fir dass eppes iwwreg bleift fir ze liewen, an net en Taux d'effort wéi deen an der Privatwirtschaft, dee bei 40 oder 50 % ass.

An dat ass d'Erausfuerderung, dass mer Wunnengen zur Verfügung stellen, wou mer kucken, wien do dra wunnen kënn, i wivill Revenu disponible en huet an dass mer en nëmmen no deem belaaschten, dass en awer och dezent eppes iwwreg huet fir ze liewen. An dat ass d'Erausfuerderung!

Dofir, déi Kompensatioun, déi de Fonds du logement haut a sech scho mécht ... Nämlech hei jo jo - wivill Wunnenge sinn et? - 117 Wunnengen - pardon, ech hu misse kucken - an d'Locatioun. Déi ginn elo mat engem ganz minimalen Taux un déi Necessiteux verlount. Da brauche si nom Gesetz, dat si hunn, eng Kompensatioun vum Staat, well si kënnen sech déi net bei en anere siche goen, well se kee Bénéfice raisonnable oder en iwwerdrifwene Benefiss maachen (veuillez lire: Da brauch de Fonds du logement nom Gesetz, dat hien huet, eng Kompensatioun vum Staat, well e ka sech déi net bei en anere siche goen, well e kee Bénéfice raisonnable oder en iwwerdrifwene Benefiss mécht).

Par contre, d'SNHBM, dat ass eng SA, do si Gemenge Propriétaire mat derbäi, déi musse ganz anescht fonctionéieren. Dofir ginn déi net esou héich an d'Locatioun. Dat wëlle mer jo änneren! De Gros vun de Wunnenge geet an de Verkaf, wou just nëmme 50 % vun deem subventionéiert gëtt, wat ëffentlech Infrastructure sinn. Dofir därer een net Biere mat Bananne vergläichen. Do ass et ganz kloer. Dat ass eng transparent Virgeeënswais. An déi wäert nach méi transparent a méi novollzéibar mat där neier Reform vum 1979er-Gesetz ginn.

Wat de Financement vun dësem Projet ubelaangt - Fonds du logement -: Vu dass et e Gesetz gëtt, wou en den Defizit gedroe kritt, kritt en ëmmer Suen, nämlech vum Staat. Mir sinn 100%eg Aktionär. Mir wëlle jo dofir duerch de Cahier des charges, deen obligatoresch gëtt fir jiddwereen, d'Käschten am Grëff behalen, well dat sinn alles awer e bëssen Altlasten, déi ech hei nach diskutéieren, wou mer dat dann zukünfteg upassen.

Wat awer hei gönschteg ass, dat ass, dass mer an der Regierung decidéiert hunn, awéiwäit de Fonds du logement op de Marché Sue léine geet, wëssend, dass deen Taux vill méi héich ass, wéi wann de Staat dat mécht. Dat ass dat eenzeg Argument, dass eeben de Garant de Staat ass, well déi kréie jo ... Wat kréien se? Si hu souguer Minuszënsen. Déi lescht Emprunten, ech hunn déi net am Kapp, mee dat si Minuszënsen. An et ass dat, wou mer e Win-win maachen an dofir wäerte mer dat an Zukunft och weiterentwéckelen.

Wat dann elo de Präis nach oder d'Evolution ugeet ... Ech weess net, ob Der de Budget plurian-nuel genau gekuckt hutt. Ech hunn aner Zuelen, wat d'Entwécklung vun der Aide à la pierre ugeet - just déi. Wéi gesot, mir hate d'lescht Joer 100 Milliounen um Kont, déi mer ausginn hunn. Dëst Joer si mer bei 140 Milliounen. D'nächst Joer wäerte mer iwwer 210 Milliounen goen. Am Budget 2023: 240 Milliounen.

An domadder sinn nach net all déi Projekte mat age-rechent, déi elo wäerte kommen iwwert den Artikel 29, wou Der jo wësst, iwwert de Pacte Logement, dass do en Automatismus erakënn. Dat heescht, mir sinn amgaang, endlech zesummen ... Ech wëll dat nach eng Kéier betounen: Et ass hei nëmme gaangen, well mer e ganz gudden Dialog haten, fir am Sënn vum Projet weiderzekommen. Deen Dialog hu mer iwwregens och muer, wann ech op „Elmen“ gi mat der Gemeng Kielen. Et geet nëmmen - och lech, Här Lies, well do si mer jo och oft zesummen - zesummen. An déi Käschtenneutralitéit an och déi Käschtentransparenz wäerte mer mat der neier Reform vum 1979er-Gesetz kréien.

Ech soe jiddefalls hei, wou scho vill mat Kanounen geschoss ginn ass: en exzellente Projet! Merci fir d'Ënnerstëtzung, a mir kommen domadder weider. Merci a schéinen Owend.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Logementsminister Henri Kox. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7889. Den Text steet am Document parlementaire 7889<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7889 et dis-pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugehall.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7889 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Tess Burton, Francine Cloener, MM. Yves Cruchten (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen (par Mme Lydia Mutsch) et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

## Le saviez-vous ?

### DÉPUTÉ

Le terme « député » vise le parlementaire, membre de la Chambre des Députés. Les Députés représentent la nation entière. En effet, la Constitution prévoit que « la Chambre des Députés représente le pays. Les députés votent sans en référer à leurs commettants et ne peuvent avoir en vue que les intérêts généraux du Grand-Duché ». Le nombre des membres de la Chambre des Députés est fixé à 60 députés par la Constitution.

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou decidéiert.

### 11. Motion de M. Marc Lies relative à la suppression de l'article 24 de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

*(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 187 de ce compte rendu)*

Da kéime mer nach zum Vott vun der Motioun, déi den Här Marc Lies ofginn hat während der Question élargie. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Madamm Semiray Ahmedova.

**Discussion générale**

■ **Mme Semiray Ahmedova (déi gréng).**- Jo, merci, Här President. Also zu der Motioun: fir d'alleréischst merci fir dës Motioun. Ech mengen, et ass ëmmer interessant ze gesinn, wat d'Leit esou proposéieren. Mee et huet mech wierklech erstaunt, dat ze liesen, well mir hunn dat an der Logementskommission awer ugeschwat.

Ech mengen, den Här Minister war extra komm, fir eis ze soen, datt deemnächst wierklech déi Aide-individuellen an déi Aides à la pierre wäerte revidéiert ginn. An elo ass et och esou, datt de Projet de loi och schonn deposéiert ass. Dat heescht ...

(*Interruption*)

A! Ech kréien en Zeechen. E gëtt geschwënn deposéiert! Mee, wéi gesot, d'Chamberskommission weess awer Bescheed, datt dat kënn. An dofir muss ech wierklech soen, datt ech net verstinn, firwat dës Motioun elo hei deposéiert gouf.

Voilà! Dat gesot, wäerte mir dat net matdroen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Ahmedova. Dann huet d'Madamm Nathalie Oberweis d'Wuert gefrot.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Jo, villmools merci. Mir wollten dozou soen, dass mer mat verschiddene Consideranten averstane sinn. Mir mengen och, dass d'Gemenge misste méi aktiv ginn. Mir stellen awer oft fest, dass d'Gemengen net genuch aktiv sinn an dass ... U sech, hei hu mer d'Gefill, dass sou Pingpong gespillt gëtt tëscht de Gemengen an der Regierung an dass de Ball erëm eng Kéier zrëckgeschoss gëtt an dass dat eigentlech eng Reduktioun vum Problem ass.

Mir mengen, dass et awer net onbedéngt ëm Sue geet, well dann hätten déi Gemengen, déi éischter vill Suen hunn, scho vill méi Wunnengen u sech am Endeffekt. Dat heescht, mir mengen net, dass et wierklech mat Suen ze dinn huet a gesinn eigentlech hei e falschen Debat an där heiter Motioun a stëmmen dat och net mat.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Oberweis. Da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Lies.

■ **M. Marc Lies (CSV), auteur.**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech si just erstaunt! Also, ech fannen dat heiten ...

(*Interruptions*)

... wierklech à la fin du compte minabel, ...

(*Brouhaha*)

... minabel, wann et ëm ...

(*Interruptions*)

... eng Proposition de loi geet, déi effektiv deemnächst iwwert d'Aide au logement soll erakommen, wat an dësem Kontext ni an der Chamberskommission diskutéiert ginn ass, wat den Artikel 24 ugeet. Dat ass e Faux débat. Dat ass carrement ee Faux débat!

Wann effektiv dann elo déi Proposition iwwert d'Aide au logement ..., datt do eng Upassung kënn, dann ass dat jo wonnerbar. Also geet dat jo an déi richteg Richtung. Firwat kann déi net matgestëmmt ginn?!

(*Brouhaha*)

Also dat musst Der eis erklären. Dat heiten ass wierklech minabel, wat nees eng Kéier bedeit: 31 géint 29. Pardon, déi Lénk, aus verschiddene Grënn an aus verschiddenen Usiichte wäerte sech effektiv do bei där Motioun hei enthalten. Mee ech fannen et just extrem traureg a minabel, wann et wierklech drëm geet, d'Gemengen ... An Dir wäert et gesinn - Dir wäert et gesinn! -, wat de Pacte Logement 2.0 ugeet, mat all deene Problemer, déi nach wäerte kommen!





De Minister huet et wéi oft ugeschwat mat der Charte. Déi Charte, déi wäert derzou féieren, datt d'PAPen an deenen nächste Jore während Méint a Jore blockéiert wäerte sinn. Duerfir fannen ech dat heiten à la fin du compte aarmséileg, datt déi Motioun net matgestëmmt gëtt.

Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Lies. Et ass weider keng Wuertmeldung do, da komme mer zum Vott vun där Motioun.

**Vote sur la motion**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 27 Jo-Stëmme géint 32 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 33 voix contre 27 voix.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles

Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par Mme Simone

Asselborn-Bintz), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen (par M. Mars Di Bartolomeo) et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

■ **Plusieurs voix.** - A!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 30. November, 1. an 2. Dezember virgesinn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 19.02 heures.)

Sommaire des séances publiques n°s 12, 13 et 14

12<sup>e</sup> séance

|                                                                                                                                                                                                                                                                                                                            |            |
|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                                                                                                                       | p. 145     |
| Communications.....                                                                                                                                                                                                                                                                                                        | p. 145     |
| Ordre du jour.....                                                                                                                                                                                                                                                                                                         | p. 145     |
| Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen .....                                                                                                                                                                                                                                                                            | p. 145-146 |
| Heure de questions au Gouvernement.....                                                                                                                                                                                                                                                                                    | p. 146-150 |
| - Question n° 252 du 16 novembre 2021 de M. Claude Wiseler relative au contact tracing, adressée à Mme la Ministre de la Santé .....                                                                                                                                                                                       | p. 146     |
| - Question n° 253 du 15 novembre 2021 de M. Gusty Graas relative à la grippe aviaire, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.....                                                                                                                                         | p. 146     |
| - Question n° 254 du 16 novembre 2021 de Mme Myriam Cecchetti relative à une nouvelle alliance pour la sortie des énergies fossiles créée à Glasgow dans le contexte de la COP26, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable .....                                               | p. 146-147 |
| - Question n° 255 du 15 novembre 2021 de Mme Cécile Hemmen relative à la réforme du Régime général des transports routiers (RGTR) et aux problèmes en résultant pour l'est du pays, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.....                                                                   | p. 147     |
| - Question n° 256 du 16 novembre 2021 de M. Marc Goergen relative à l'impact d'une panne du réseau informatique de l'État sur les examens concours du 12 novembre 2021, adressée à M. le Ministre de la Fonction publique .....                                                                                            | p. 147     |
| - Question écrite n° 5221 du 12 novembre 2021 de Mme Françoise Hetto-Gaasch, de Mme Octavie Modert et de M. Léon Gloden relative à la promotion des vins luxembourgeois à l'expo « Dubaï 2020 », adressée à M. le Ministre de l'Économie et à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural |            |
| et                                                                                                                                                                                                                                                                                                                         |            |
| - Question n° 257 du 12 novembre 2021 de Mme Chantal Gary relative à la sélection de vins du pavillon luxembourgeois à l'Expo 2020 à Dubaï, adressée à M. le Ministre de l'Économie.....                                                                                                                                   | p. 148     |
| - Question n° 258 du 16 novembre 2021 de Mme Martine Hansen relative aux certificats de vaccination falsifiés, adressée à Mme la Ministre de la Santé .....                                                                                                                                                                | p. 148     |
| - Question n° 259 du 16 novembre 2021 de M. Claude Lamberty relative au congé sportif, adressée à M. le Ministre des Sports .....                                                                                                                                                                                          | p. 148-149 |
| - Question n° 260 du 15 novembre 2021 de Mme Francine Closener relative aux effets de la pandémie sur le taux d'absentéisme et la santé des enseignants et éducateurs, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse .....                                                            | p. 149     |
| - Question n° 261 du 15 novembre 2021 de Mme Djuna Bernard relative à la formation continue dans le secteur de l'éducation non formelle, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.....                                                                                           | p. 149     |
| - Question n° 262 du 15 novembre 2021 de M. André Bauler relative à l'estimation globale des dégâts causés par les catastrophes naturelles récentes, adressée à M. le Ministre de l'Économie .....                                                                                                                         | p. 149-150 |
| - Question n° 263 du 16 novembre 2021 de M. Dan Biancalana relative à l'évolution récente de la production industrielle au Luxembourg, adressée à M. le Ministre de l'Économie.....                                                                                                                                        | p. 150     |
| Motion de Mme Martine Hansen concernant l'offerte d'une nouvelle injection dite de « booster » et le lancement d'une campagne de sensibilisation et d'information relative à la vaccination .....                                                                                                                          | p. 150-151 |
| Question élargie n° 111 de M. Paul Galles au sujet du Traité de la charte sur l'énergie .....                                                                                                                                                                                                                              | p. 151-152 |

|                                                                                                                                                       |            |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| Question élargie n° 120 de M. Charles Margue au sujet de la politique d'investissement du Fonds de compensation .....                                 | p. 152     |
| Question élargie n° 114 de M. André Bauler au sujet de l'évolution de l'économie digitale durant la crise sanitaire .....                             | p. 153     |
| Question élargie n° 115 de M. Laurent Mosar au sujet des investissements publics dans le secteur spatial .....                                        | p. 153-154 |
| Question élargie n° 118 de M. Laurent Mosar au sujet du site de production du groupe industriel Liberty Steel à Dudelange .....                       | p. 154-155 |
| Question élargie n° 112 de M. Charles Margue au sujet des assurances couvrant les risques liés aux inondations et autres catastrophes naturelles..... | p. 155-156 |
| Question élargie n° 117 de M. Laurent Mosar au sujet de l'attractivité de la place financière.....                                                    | p. 156-157 |

7867 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'État du Koweït tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, faite à Luxembourg, le 11 décembre 2007, ainsi que l'Avenant, fait à Luxembourg, le 25 mars 2021, modifiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'État du Koweït tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, faite à Luxembourg, le 11 décembre 2007 .....

p. 157

13<sup>e</sup> séance

|                                                                                                                                                                                            |            |
|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                       | p. 158     |
| Déclaration de M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire, suivie d'un débat ..... | p. 158-173 |

14<sup>e</sup> séance

|                                                                                                                                                                    |            |
|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                               | p. 174     |
| Débat d'orientation au sujet du discours de haine .....                                                                                                            | p. 174-185 |
| Dépôt d'une motion par M. Sven Clement.....                                                                                                                        | p. 185     |
| Question élargie n° 119 de M. Laurent Mosar au sujet de la stratégie nationale en matière de cybersécurité.....                                                    | p. 185-186 |
| Motion de M. Sven Clement relative à la mise à jour de l'application CovidCheck de façon à ce qu'elle détecte les faux certificats de vaccination anti-Covid ..... | p. 186-187 |
| Question élargie n° 121 de M. Marc Lies au sujet des aides étatiques dans le domaine du logement.....                                                              | p. 187     |
| Dépôt d'une motion par M. Marc Lies.....                                                                                                                           | p. 187     |
| Question élargie n° 121 de M. Marc Lies au sujet des aides étatiques dans le domaine du logement (suite) .....                                                     | p. 187-188 |
| 7806 - Projet de loi portant suppression du Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall et :                                                                         |            |
| 1° modifiant la loi du 24 avril 2017 portant réorganisation de l'établissement public nommé « Fonds du Logement » ;                                                |            |
| 2° abrogeant la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé « Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall » .....            | p. 188-189 |
| 7889 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du développement de logements du projet « Wëlgebond » à Mamer.....                              | p. 189-191 |
| Motion de M. Marc Lies relative à la suppression de l'article 24 de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement.....                          | p. 191-192 |

De Petitiounssite vun der Chamber

Start Är eege Petitioun  
oder ënnerstëtzt aner Petitioun  
mat Ärer Ënnerschrëft op  
[www.petitions.lu](http://www.petitions.lu)



Et ginn zwou Zorte  
vu Petitiounen:  
d'Pétitions publiques an  
d'Pétitions ordinaires.



| Sommaire         |                                     |                                                                                                                    |  |  |  |
|------------------|-------------------------------------|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|--|--|--|
| Question n°      | Auteur                              | Objet                                                                                                              |  |  |  |
| 5599             | Fred Keup                           | Conservation de la maison de naissance d'Aloyse Kayser                                                             |  |  |  |
| 5627             | Carole Hartmann, Gusty Graas        | Fonds d'indemnisation de l'aléa thérapeutique                                                                      |  |  |  |
| 5638             | Mars Di Bartolomeo                  | Vols à vide                                                                                                        |  |  |  |
| 5642             | Diane Adehm                         | Déploiement du réseau 5G                                                                                           |  |  |  |
| 5661             | Laurent Mosar, Serge Wilmes         | Économie du partage                                                                                                |  |  |  |
| 5696             | Octavie Modert                      | Phénomène dit « Big Quit »                                                                                         |  |  |  |
| 5697             | Marc Goergen                        | Conflits d'intérêts des ministres dans le cadre de la planification énergétique et climatique                      |  |  |  |
| 5711             | André Bauler                        | Lignes d'autobus RGTR supprimées                                                                                   |  |  |  |
| 5717             | Marc Goergen                        | Installation de distributeurs de produits d'hygiène féminine par les communes                                      |  |  |  |
| 5729             | François Benoy, Jessie Thill        | Mesures fiscales destinées à promouvoir la gestion locative sociale                                                |  |  |  |
| 5733             | Diane Adehm                         | Sociétés d'impact sociétal                                                                                         |  |  |  |
| 5737             | Dan Biancalana, Francine Closener   | Valorisation de l'artisanat                                                                                        |  |  |  |
| 5739             | Dan Biancalana                      | Trafic de drogues                                                                                                  |  |  |  |
| 5741             | Francine Closener                   | « Digital sciences » dans l'enseignement secondaire                                                                |  |  |  |
| 5745             | François Benoy                      | Analyse de la durabilité de la place financière                                                                    |  |  |  |
| 5748             | Fernand Kartheiser                  | Taux d'intérêts et frais de banque                                                                                 |  |  |  |
| 5749             | Marc Goergen                        | Flotte automobile de la Police grand-ducale                                                                        |  |  |  |
| 5751             | Martine Hansen, Claude Wiseler      | Vaccin Novavax                                                                                                     |  |  |  |
| 5752             | Laurent Mosar, Serge Wilmes         | Délinquance juvénile en bande                                                                                      |  |  |  |
| 5753             | Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti | Instance de conciliation indépendante pour le secteur de la santé et des soins                                     |  |  |  |
| 5754             | Myriam Cecchetti                    | Allocation de vie chère                                                                                            |  |  |  |
| 5755             | Jeff Engelen                        | Effets de l'interdiction du glyphosate                                                                             |  |  |  |
| 5757             | Mars Di Bartolomeo, Dan Kersch      | Séparation entre l'État et les Églises                                                                             |  |  |  |
| 5758             | Myriam Cecchetti                    | Remboursements tardifs de la Caisse nationale de santé                                                             |  |  |  |
| 5759             | Sven Clement                        | Doses de vaccins périmées                                                                                          |  |  |  |
| 5761             | Jeff Engelen                        | Congés de maladie en rapport avec la vaccination contre la Covid-19                                                |  |  |  |
| 5763<br>cf. 5767 | Josée Lorsché, Marc Hansen          | Prophylaxie préexposition VIH                                                                                      |  |  |  |
| 5765             | Jeff Engelen                        | Indemnisation des dégâts de gibier                                                                                 |  |  |  |
| 5767<br>cf. 5763 | Fernand Kartheiser, Jeff Engelen    | Prophylaxie préexposition VIH                                                                                      |  |  |  |
| 5772             | Mars Di Bartolomeo                  | Candidats luxembourgeois aux études de médecine en Fédération Wallonie-Bruxelles                                   |  |  |  |
| 5774             | Marc Spautz                         | Système de « Contrôle et information du trafic sur les autoroutes » (CITA)                                         |  |  |  |
| 5776             | Marc Goergen                        | Accessibilité des bornes de recharge publiques                                                                     |  |  |  |
| 5777             | Marc Goergen                        | Analyse du Contrôleur européen de la protection des données (CEPD) concernant le logiciel d'espionnage « Pegasus » |  |  |  |
| 5778             | Claude Wiseler                      | Protection de biens culturels arméniens au Haut-Karabakh                                                           |  |  |  |
| 5779             | Marc Spautz                         | Primes pour l'achat de vélos et de cycles à pédalage assisté                                                       |  |  |  |
| 5780             | Mars Di Bartolomeo                  | Nouvelle génération de cigarette électronique                                                                      |  |  |  |
| 5781             | Myriam Cecchetti                    | Traité sur la charte de l'énergie (TCE)                                                                            |  |  |  |
| 5782             | Nancy Arendt épouse Kemp            | Escroquerie sentimentale                                                                                           |  |  |  |
| 5783             | Gusty Graas                         | Protection du patrimoine culturel arménien                                                                         |  |  |  |
| 5784             | Sven Clement                        | Section des sports d'élite de l'armée                                                                              |  |  |  |
| 5786             | André Bauler, Gilles Baum           | Couverture médicale dans le nord du pays                                                                           |  |  |  |
| 5788             | Octavie Modert                      | Informations erronées en ligne                                                                                     |  |  |  |
| 5792             | Mars Di Bartolomeo                  | Arnaques par message électronique                                                                                  |  |  |  |
| 5793             | Sven Clement                        | Autorisation d'exercer des médecins                                                                                |  |  |  |
| 5795             | Jeff Engelen                        | Formations du CGDIS                                                                                                |  |  |  |
| 5796             | Sven Clement                        | Syndrome de la Havane                                                                                              |  |  |  |
| 5805             | Jeff Engelen, Fernand Kartheiser    | Bruit routier                                                                                                      |  |  |  |
| 5808             | Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis | Contact tracing                                                                                                    |  |  |  |
| 5809             | Gusty Graas                         | Détournement de subventions agraires                                                                               |  |  |  |
| 5814             | Marc Goergen                        | Cryptomonnaie                                                                                                      |  |  |  |
| 5815             | Max Hahn                            | Location temporaire de terrains à bâtir en friche                                                                  |  |  |  |
| 6462<br>urgente  | Sven Clement, Marc Goergen          | Livraisons d'ArcelorMittal en Russie                                                                               |  |  |  |

**Question 5599** (27.01.2022) de **M. Fred Keup** (*ADR*) concernant la **conservation de la maison de naissance d'Aloyse Kayser** :

An hirer Äntwert op meng parlamentaresch Fro N° 5293 schreiwen d'Madamm Kulturministesch an den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten: „Tatsächlech plangt d'CFL, als Gestionnaire vun der Eisebunnsinfrastruktur am Accord mat der Gemengeverwaltung vu Miersch, d'Ofrappe vun dësem fréiere Barrièreshaus“, also dem Gebuertshaus vum Aloyse Kayser.

D'ASBL „Geschichtsfreënn vun der Gemeng Miersch“ huet an enger Matdeelung vum 25. Januar erkläert, dass de Schäfferot hinne matgedeelt huet, dass bis elo keng Ufro vun de CFL, fir dat kulturhistorescht Bauwierk ofzerappen, op der Gemeng ukomm wier an dass de Buergermeeschter op Nofro hi betount hätt, dass hien och keng Autorisatioun fir d'Ofrappe vun dësem wichtege Zäitzeie géif ginn.

De Buergermeeschter vun der Gemeng Miersch huet an der Gemengerotssëtzung vum 24. Januar 2022 seng Aussoen nach eng Kéier bekräftegt an nach eng Kéier kloergestallt, dass un d'Gemeng keng Ufro, fir dat seelent a protegéiert Barrièreshaischen ofzerappen, gericht ginn ass an dass hien och keng Autorisatioun dofir wäert ausstellen.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un d'Madamm Kulturministesch:

1. Hunn den Här Minister an d'Madamm Minister respektiv déi staatlech Administratioune Kontakt mat de Gemengeverantwortleche vu Miersch gehat iwwert de Sujet vum Ofrappe vum fréiere Barrièreshaus?

2. Ass dozou een Accord vun der Gemeng Miersch ugefrot ginn? Wa jo, gëtt et dozou een Accord vun der Gemeng Miersch? Wann net: Op Basis vu wéi enge Fakten erklären d'Madamm Ministesch an den Här Minister an hirer Äntwert op meng parlamentaresch Fro N° 5293, dass d'Ofrappen „am Accord mat der Gemengeverwaltung vu Miersch“ géif geschéien?

3. Fir de Fall, wou d'Gemeng sech géint d'Ofrappe wiert an et keen Accord gëtt: Wéi wäerten déi zustänneg Ministeren da virgoen, wat d'Zukunft vum Barrièreshaus betrëfft?

**Réponse** (07.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. Den 2. Juni 2021 huet zu Miersch eng Versammlung stattfonnt tëschent de Vertrieder vun de CFL an de Gemengeverantwortleche vu Miersch, wou sech zu deem Sujet berode ginn ass.

ad 2. Den 21. Januar 2022 hunn d'CFL eng Geneemegung op der Gemeng ugefrot, fir d'Barriärs-haischen ofzerappen. Den 1. Februar 2022 kruten d'CFL der Gemeng hire Refus matgedeelt.

An hirer Äntwert preziséiert d'Gemeng, datt d'CFL d'Grënn fir dës Demolitiounsufro net am Detail erkläert hunn. Et bleift also méiglech, d'Verhandlung weiderzeféieren, andeems d'Sécherheetsproblemer opgewise ginn, déi dëst Gebai duerch d'Proximitéit zu den Eisebunnsinstallatiounen duerstellt.

ad 3. De Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte bleift a Kontakt mat de CFL, der Gemeng Miersch, souwéi dem Kulturministère a sengem Service des sites et des monuments nationaux, fir zesummen eng Léisung ze fannen, sou datt d'Entwécklung vun der Eisebunn garantéiert bleift.

**Question 5627** (31.01.2022) de **Mme Carole Hartmann** et **M. Gusty Graas** (*DP*) concernant le **Fonds d'indemnisation de l'aléa thérapeutique** :

L'accord de coalition stipule : « Dans le souci de faire valoir les droits des patients et de préserver leurs intérêts en cas d'incident ou de dommage résultant de soins de santé, en l'absence de faute médicale, un fonds d'indemnisation de l'aléa thérapeutique sera créé et financé sur base d'un modèle quadripartite. »

À ce sujet, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Quel est l'état d'avancement des travaux sur un fonds d'indemnisation de l'aléa thérapeutique ? Des échanges ont-ils eu lieu à ce sujet avec l'Association des médecins et médecins-dentistes et d'autres parties concernées ?

2) La création d'un fonds d'indemnisation de l'aléa thérapeutique a-t-elle été abordée dans le cadre du « Gesondheetsdësch » ?

3) Quel est le modèle préconisé pour un tel fonds ? Le modèle français servira-t-il d'exemple ?

4) Une loi introduisant un fonds d'indemnisation de l'aléa thérapeutique entrera-t-elle encore en vigueur au cours de la législature actuelle ? Dans la négative, pour quelles raisons ?

**Réponse commune** (07.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

Comme relevé par les honorables Députés, l'accord de coalition prévoit que « Dans le souci de faire valoir les droits des patients et de préserver leurs intérêts en cas d'incident ou de dommage résultant de soins de santé, en l'absence de faute médicale, un fonds d'indemnisation de l'aléa thérapeutique sera créé et financé sur base d'un modèle quadripartite. L'instauration d'un tel fonds se fera en concertation avec tous les acteurs impliqués. La possibilité de rattacher le fonds à un fonds en place à l'étranger devra également être analysée. »

ad 1) Le projet relatif à la mise en place d'un fonds d'indemnisation a fait l'objet de la part du Ministère de la Santé de diverses analyses liminaires relatives au champ d'application, aux missions, à la structure, aux modalités d'organisation et de gestion ainsi qu'aux mécanismes de dédommagement d'un fonds d'indemnisation de l'aléa thérapeutique au Luxembourg. Sur base de ces travaux, un groupe de travail constitué de représentants des secteurs de la santé et de la sécurité sociale avait discuté diverses options liées aux missions qu'un futur fonds pourrait se voir attribuer et aux possibles modalités d'indemnisations consécutives. Selon le cas, il conviendra de déterminer la forme et l'organisation la plus adéquate eu égard notamment aux organismes, services et ressources disponibles au Luxembourg.

Il est rappelé que l'objectif d'un tel fonds est de créer, parallèlement à la procédure judiciaire et à charge de la solidarité nationale, une nouvelle voie d'indemnisation amiable de victimes d'accidents médicaux qui est accessible à tous, gratuite et plus rapide que la voie judiciaire. Outre des missions d'indemnisation, le fonds se verrait par ailleurs attribuer des missions d'intérêt général visant à améliorer la documentation, la qualité et la sécurité dans les soins de santé.

En ce qui concerne les modalités d'indemnisation des victimes ayant subi un dommage indemnisable par la solidarité nationale, les analyses ont porté sur les principes appliqués en droit commun dans un système basé sur la responsabilité pour faute et ceux appliqués en droit de la sécurité sociale notamment en matière d'assurance accident dans un système basé sur la responsabilité pour risques.

Les indemnités octroyées par un fonds d'indemnisation nécessitent encore d'être adéquatement articulées avec les prestations prévues dans le domaine de la sécurité sociale et par rapport aux modalités d'indemnisation appliquées par les assureurs des prestataires de soins dans le cadre des assurances responsabilités civiles professionnelles.

De ce fait et pour assurer une cohérence entre les dispositions légales ou conventionnelles applicables en ces matières, l'accord de coalition précise que l'instauration d'un tel fonds se fera en concertation avec tous les acteurs impliqués. Le calendrier du groupe de travail a cependant dû être modifié en raison de la pandémie. Les travaux se poursuivront dès que possible avec les principales parties prenantes issues des ressorts de la santé, de la sécurité sociale, de la justice et des finances.

ad 2) Parmi les thématiques abordées au Gesondheetsdësch et les premiers projets présentés figure l'étude de la mise en place d'un fonds d'indemnisation.

ad 3) Les analyses des services du Ministère de la Santé ont porté tant sur les modèles français et





belge que sur les modèles appliqués par des pays scandinaves et germanophones.

Afin que le fonds puisse atteindre ses objectifs et que son fonctionnement effectif soit garanti, non seulement le modèle français, mais également le modèle belge peut servir d'exemple à différents égards dont en matière d'expertise médicale.

ad 4) Comme indiqué précédemment, le calendrier des groupes de travail a dû être modifié en raison de la pandémie. Vu les travaux réalisés et ceux restant à réaliser, ainsi que les délais liés à la procédure législative, il n'est pas possible de répondre par l'affirmative à cette question.

**Question 5638** (01.02.2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) concernant les vols à vide :

Suite à la pandémie actuelle et la diminution sensible de passagers, les compagnies aériennes se voient contraintes à assurer des vols sans passagers ou presque pour s'assurer leurs créneaux horaires (slots) sur les aéroports qu'ils desservent régulièrement.

- Considérant que ces vols à vide ne constituent pas seulement une charge financière pour les compagnies concernées mais qu'ils engendrent aussi un préjudice environnemental, j'aimerais savoir de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et de Monsieur le Ministre de l'Énergie quelle est leur attitude face à cette situation.

- Messieurs les Ministres soutiennent-ils la position de Monsieur Gilkinet, Ministre de la Mobilité belge, qui a adressé une lettre à la Commissaire européenne aux Transports en vue d'abaisser le seuil d'utilisation des créneaux ?

- Quelle est l'attitude des autorités communautaires ?

**Réponse** (07.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

L'attitude des autorités communautaires quant au problème des « vols à vide » causés par la réglementation des créneaux horaires est très problématique. Malgré de multiples interventions d'un grand nombre d'États membres auprès de la Commission européenne et la Commissaire des Transports elle-même au cours des deux dernières années, celle-ci maintient sa position en faveur d'un retour rapide aux dispositions du règlement européen relatif.

Ainsi, à compter de la saison d'hiver 2022-2023, plus aucune mesure exceptionnelle n'est prévue et le principe « use it or loose it » sera appliqué dans la proportion des 20/80 pourcents. La Commission prend ainsi en compte un recours aux « vols à vide » par les compagnies aériennes désirant conserver leurs créneaux horaires. En adoptant cette attitude, la Commission suit les doléances des compagnies à bas coût qui désirent reprendre les créneaux horaires libérés dans les aéroports les plus congestionnés en Europe.

En ce qui concerne les autres questions, je renvoie à ma réponse à la question parlementaire n° 5478 du 7 janvier 2022.

**Question 5642** (01.02.2022) de **Mme Diane Adehm** (CSV) concernant le **déploiement du réseau 5G** :

Le 24 janvier, la Cour des comptes européenne a publié un rapport spécial sur la nécessité de la 5G pour l'Union européenne :

« La Cour des comptes européenne demande à ce que l'UE mette un coup d'accélérateur au déploiement de la 5G, la nouvelle norme mondiale de communication sans fil pour les réseaux mobiles. Les États membres ont pris un sérieux retard dans le déploiement de leurs réseaux 5G, compromettant la réalisation des objectifs de l'UE en matière d'accès aux services et de couverture 5G. En parallèle, des efforts supplémentaires doivent être consentis, précisent les auditeurs, pour répondre de manière cohérente et concertée aux questions de sécurité liées au déploiement de la 5G. »

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Communications et des Médias :

- Monsieur le Ministre peut-il m'informer sur l'état d'avancement des travaux concernant le déploiement du réseau 5G sur le territoire luxembourgeois ?

- Monsieur le Ministre est-il d'avis que l'objectif de couvrir les principales villes ainsi que le tracé des axes de transport majeurs en 5G pourra être atteint en 2025 ? Quels sont les objectifs pour les années qui suivront ?

- Monsieur le Ministre peut-il m'indiquer la date cible que le Gouvernement s'est fixée pour avoir couvert l'entièreté du territoire luxembourgeois en réseau 5G ? Quels seront les coûts y liés pour l'État ?

- Monsieur le Ministre peut-il m'informer comment la sélection des fournisseurs par les opérateurs pour la mise en place des infrastructures 5G a évolué ?

- Monsieur le Ministre dispose-t-il d'informations concernant l'évaluation des profils de risque des fournisseurs retenus ?

**Réponse** (07.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias* :

Suite à l'attribution des deux premières fréquences pionnières de 700 MHz et de 3,6 GHz aux opérateurs de téléphonie mobile, je constate que les opérateurs travaillent avec leurs équipes sur l'installation des antennes de la 5<sup>e</sup> génération et sur l'adaptation de leurs cœurs de réseau. Ainsi, les opérateurs établis ont activé les premiers services commerciaux 5G sur le territoire de la ville de Luxembourg en automne et fin 2020.

Les programmes d'investissement des opérateurs prévoient un déploiement dans les villes (Luxembourg, sud du pays), pour ensuite s'étendre sur les autres zones habitées. POST Luxembourg indique que son plan de modernisation du réseau mobile de POST Luxembourg sera terminé fin 2022 et que dès lors, elle sera à même d'offrir la 5G sur l'ensemble du territoire national. La 5G ne sera néanmoins pas forcément généralisée : l'offre de POST s'articulera autour de la technologie qui, en fonction des conditions de réception locales, offrira la meilleure connexion à ses clients. Proximus Luxembourg prévoit de couvrir la quasi-totalité du pays en 5G d'ici 2025. Orange Luxembourg garantit une couverture 5G ininterrompue dans toutes les zones urbaines et sur les principaux axes de transport pour 2025. Luxembourg Online, nouvel entrant sur le marché de téléphonie mobile, a actuellement 63 sites en cours de déploiement.

Ces planifications dépendent évidemment de facteurs supplémentaires tels les délais de livraisons de l'équipement, des autorisations éventuelles ou de la standardisation et de la normalisation continue de certains détails techniques de la 5G.

Sur base de ces informations reçues par les opérateurs de réseaux de télécommunication mobiles, la couverture des principales villes, ainsi que des principaux axes de transport, par la 5G semble bien réaliste.

Le niveau de couverture visé par les opérateurs pour fin 2024 est d'ailleurs conforme aux termes des licences d'exploitation des fréquences, qui exige une couverture nationale englobant la quasi-totalité du territoire en utilisant l'entièreté du spectre de fréquences allouées.

Les investissements liés directement à la mise en place des infrastructures sont réalisés par les opérateurs de réseau, et non par l'État. Les opérateurs peuvent cependant bénéficier de cofinancements ponctuels dans le cadre d'appels à projets européens. Les appels à projets nationaux ont généré des projets de recherche et de développement sans subvention directe des coûts de déploiement.

L'implémentation de la 5G est un enjeu financier et technologique majeur pour les opérateurs. Dans ce contexte, les opérateurs veillent sur une qualité et une sécurité de réseau.

En ce qui concerne le choix des équipements, les opérateurs de réseau ont procédé à des appels d'offre pour la sélection des fournisseurs 5G (cœur de réseau et antennes en l'occurrence). Les choix finalement effectués par les opérateurs POST, Orange, Tango et Luxembourg Online ont porté sur des équipementiers européens.

POST Luxembourg précise qu'elle a effectué une analyse des risques pour chaque fournisseur potentiel lors de l'évaluation des fournisseurs pour l'équipement 5G. Cette analyse des risques portait sur plusieurs critères, techniques, financiers et autres. Proximus Luxembourg précise avoir choisi exclusivement des constructeurs européens dans son réseau 5G, y inclus la connectivité vers les antennes (mobile backhaul), les routeurs Internet ou son système de facturation. Orange Luxembourg quant à elle a choisi de combiner deux fournisseur européens distincts pour la partie antennes et pour la partie cœur de réseau.

Les analyses de risque et les conclusions en découlant se basent sur les dispositions de la « toolbox 5G of risk mitigating measures », retenue par les États membres et soutenue par la Commission européenne. Dans le cadre de la loi du 17 décembre 2021 sur les réseaux et les services de communications électroniques, l'Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR) suit les mesures techniques et organisationnelles mises en œuvre par les opérateurs pour gérer les risques en matière de sécurité des réseaux et des services de manière appropriée.



www.chd.lu

**Question 5661** (02.02.2022) de **MM. Laurent Mosar et Serge Wilmes** (CSV) concernant l'**économie du partage** :

L'économie du partage soulève un certain nombre de défis aux opérateurs économiques classiques. Tous les secteurs sont d'ailleurs concernés : la mobilité, le logement, le transport de biens, l'alimentaire pour ne citer que ceux-ci.

S'il ne s'agit nullement d'arrêter l'éclosion de cette « new economy », il convient de l'encadrer correctement.

Nous aimerions dès lors poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie, à Monsieur le Ministre des Classes moyennes, à Madame le Ministre des Finances et à Monsieur le Ministre des Communications et des Médias :

- Quelles sont les initiatives prises par le Gouvernement actuel pour mettre un terme à la concurrence déloyale exercée par ces nouveaux acteurs vis-à-vis des acteurs traditionnels ?

- Dans quelle mesure le droit d'établissement est-il plus favorable aux acteurs de l'économie du partage ? Quelles sont les autorisations dont doivent disposer les « faux indépendants » agissant pour le compte des plateformes collaboratives pour pouvoir exercer leur métier ?

- Alors qu'un volet du « business model » des acteurs de l'économie du partage consiste à exploiter les données à caractère personnel des consommateurs, le Gouvernement peut-il nous informer si d'éventuelles violations en matière de protection des données ont été portées à la connaissance de la Commission nationale pour la protection des données ?

- Comment le Gouvernement s'assure-t-il que les revenus générés par et via les plateformes collaboratives soient déclarés à l'administration fiscale ? Combien de recettes fiscales (impôts directs et indirects) le Gouvernement perçoit-il via l'économie du partage ? Le Gouvernement peut-il nous fournir ces informations par type d'impôt pour les cinq dernières années ?

**Réponse commune** (07.03.2022) de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*, de **M. Lex Delles**, *Ministre des Classes moyennes*, de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias*, et de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

Dès 2018, le Ministère de l'Économie a mandaté une étude sur l'économie du partage au Luxembourg. Une première analyse a identifié les différents acteurs actifs au Luxembourg et a relevé plusieurs recommandations. Il s'avère que beaucoup de définitions et de réalités différentes sont regroupées derrière le terme « économie de partage », dont l'économie de plateforme, mais également l'économie d'accès, l'économie collaborative et d'autres modèles découlant de ces catégories générales. Le modèle que le Ministère de l'Économie entend favoriser et pour lequel il prépare une feuille de route plus détaillée est celui de l'économie d'accès qui se base sur la mise à disposition d'un produit sous-utilisé plutôt que d'un transfert de propriété. L'accès à un produit prime sur la propriété dans ce modèle où les intermédiaires en ligne offrent un accès rapide et pratique aux biens et services aux utilisateurs qui souhaitent utiliser plutôt que posséder le bien, ce qui évite également la sous-utilisation de ce bien. En tant qu'exemple, on peut citer le partage de voitures et de vélos en libre-service.

Dans leurs questions les honorables Députés font cependant plutôt allusion à l'économie de plateforme, un modèle économique qui fait référence à l'utilisation de plateformes en ligne pour trouver de petits emplois. Au cours des dernières années, de telles plateformes numériques de travail sont apparues dans le monde entier et dans divers secteurs économiques. Certaines offrent des services sur place, tels que des services de livraison ou de transport, des services de nettoyage ou des services de soins ; d'autres ne travaillent qu'en ligne et proposent par exemple des services de traduction.

Dans la réponse à la question parlementaire n° 5673 du 3 février 2022, de plus amples renseignements sont donnés au sujet des travailleurs de l'économie de partage et il est précisé qu'en décembre 2021, la Commission européenne a présenté une proposition de ligne directrice prévoyant l'introduction de nouvelles règles qui devraient s'appliquer à tous les services numériques, en particulier les médias sociaux, les places de marché en ligne et les autres plateformes en ligne actives dans l'Union européenne. Ces nouvelles règles, qui devront ensuite être transposées en droit luxembourgeois, permettront, entre autres, de s'assurer que les personnes travaillant sur les plateformes numériques ont ou peuvent obtenir le statut d'emploi correct et assurer leurs droits au regard des dispositions sur les conditions de travail, la sécurité et la santé au travail et la protection sociale.

Les données actuellement disponibles auprès de Statec sur base de l'enquête sur les forces de travail (EFT) montrent que les travailleurs de plateformes peuvent se considérer eux-mêmes soit comme salariés soit comme indépendants (freelance) et qu'il n'y a actuellement que peu de telles plateformes comme employeur pour des salariés au Luxembourg. Cela n'est pas étonnant étant donné qu'au Luxembourg, il n'y a pas de prestataires de services automobiles ni de grands fournisseurs de produits alimentaires recourant au système d'économie de plateforme.

Le Statec a également prévu d'intégrer dans le questionnaire de l'enquête TIC de 2022, qui a pour objectif de recueillir des données sur l'utilisation des technologies de l'information et de la communication (TIC) par les ménages et particuliers âgés entre 16 et 74 ans, des questions relatives au travail pour des plateformes digitales. De même, l'enquête sur les forces de travail (EFT) ne couvre actuellement pas systématiquement ces nouveaux types de travail et le Statec s'efforce d'adapter l'enquête en conséquence.

Il convient de noter en outre qu'il n'est pas établi que les acteurs de l'économie du partage respectivement de l'économie de plateforme exercent une concurrence déloyale au sens de la réglementation européenne. Par ailleurs, si les honorables Députés comprennent par cette formulation un accès plus facile à certaines professions, cela n'est généralement pas le cas. Les conditions d'accès restent les mêmes, peu importe si l'entreprise utilise une plateforme ou non. À titre d'exemple, la livraison de plats à partir d'un restaurant peut être réalisée par le restaurateur lui-même ou par une entreprise avec laquelle le restaurateur a un contrat de service. Si cette activité est organisée par une plateforme, il ne s'agit pas pour autant d'une concurrence déloyale. Dans le secteur des transports avec taxis ou VTC (voiture de transport avec chauffeur), les conditions d'accès sont également identiques pour les deux professions (il s'agit même du même métier actuellement). La différence entre les activités se trouvent du côté de la réglementation technique des devoirs des deux types d'entreprises.

Pour ce qui concerne l'activité de « logement », s'il y a lieu de comprendre les locations de courte durée de type Airbnb, une concurrence déloyale pourrait exister, alors que les biens ainsi loués ne sont pas soumis à des contrôles de conformité en matière de sécurité comme le sont les hôtels.

Afin d'y remédier, la Direction générale des classes moyennes envisage de modifier le droit d'établissement en assimilant à l'avenir les locations de courte durée à un hébergement touristique pour ce qui concerne les personnes ne déclarent pas y résider.

De plus, le droit d'établissement n'est pas plus favorable pour les acteurs de l'économie de partage. Les critères de qualification, d'établissement approprié et de gestion régulière, restent les mêmes. En ce qui concerne les locations de courte durée, il faut se rendre à l'évidence que les locations d'unités d'habitations à des particuliers ne rentraient historiquement pas dans le domaine du droit d'établissement, respectivement du Code du commerce. Le choix de faire rentrer les locations de courte durée dans le domaine du droit d'établissement est singulièrement politique et devra être acté par le législateur.

Concernant la protection des données dans le cadre de l'économie de partage, la CNPD a indiqué que des violations en matière de protection des données telles que visées par les honorables Députés dans leurs questions n'ont pas été portées à sa connaissance.

Enfin, les informations relatives aux recettes fiscales payées par l'économie du partage sont saisies par l'Administration des contributions directes. Cependant, ces informations sont cumulées avec celles des recettes fiscales engendrées par l'économie traditionnelle. Compte tenu de ces restrictions, une estimation fidèle de la part des recettes payées par cette nouvelle branche de l'économie dans les recettes fiscales globales n'est pas possible.

Dans le contexte de la fiscalité directe, les contribuables qui sont soumis à une imposition par voie d'assiette et les sociétés immatriculées au Registre de commerce et des sociétés qui sont soumises à l'impôt sur le revenu des collectivités suivant article 159 LIR doivent déposer annuellement leurs déclarations d'impôt. Lors de l'instruction du dossier en question, le bureau d'imposition en charge est tenu de vérifier que tous les revenus tels que les commissions, les revenus de location, soient déclarés. Partant, au regard de la loi fiscale, les mêmes règles s'appliquent à l'économie du partage qu'à l'économie traditionnelle.

Au niveau de la taxe sur la valeur ajoutée, l'économie du partage désigne un modèle d'opération multi face faisant intervenir au moins trois parties, la plateforme en ligne/numérique, le fournisseur ou prestataire et le consommateur. La TVA étant un impôt fondé sur le principe d'autoévaluation, tant la





plateforme numérique que le fournisseur ou le prestataire doivent appliquer à leurs opérations la législation applicable en matière de TVA et déclarer ainsi qu’acquitter la TVA due sur les transactions qu’ils effectuent auprès de l’autorité fiscale de l’État membre sur le territoire duquel est réputé se situer le lieu d’imposition desdites opérations. Il est à noter que l’ensemble de la législation du Grand-Duché de Luxembourg ayant trait au domaine de la TVA s’impose aux opérations relevant de l’économie du partage pour autant que ces transactions soient sujettes à la TVA au Grand-Duché du Luxembourg.

Toutefois, à défaut de code NACE propre à l’économie du partage, il n’est pas possible pour l’Administration de l’enregistrement, des domaines et de la TVA de délimiter et de distinguer l’économie du partage de l’économie traditionnelle.

**Question 5696** (07.02.2022) de **Mme Octavie Modert (CSV)** concernant le **phénomène dit « Big Quit »** :

Une tendance à plus de démissions a récemment été observée, surtout aux États-Unis, mais également dans des pays de l’Union européenne, telle la Belgique. D’après d’aucuns, il semble même y avoir un effet lié à la pandémie du Covid-19.

C’est dans ce contexte que j’aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l’Économie et à Monsieur le Ministre des Classes moyennes :

1) Messieurs les Ministres observent-ils la même tendance au Luxembourg ?

- Combien de personnes ont démissionné de leur poste de travail l’année dernière ?

- Quel est le pourcentage de ces démissions par rapport au total de contrats de travail rompus cette même année ?

- Comment le nombre de démissions a évolué en 2021 par rapport à 2020, voire 2019 ?

- Un effet Covid-19 existerait-il ?

- Messieurs les Ministres peuvent-ils me fournir les données précitées pour les cinq dernières années en précisant pour chaque année : l’année, le secteur concerné, l’âge et le sexe des salariés en question ?

2) À considérer que le phénomène du « Big Quit » s’observerait également au Luxembourg, quels défis celui-ci poserait-il au monde des ressources humaines ?

**Réponse commune** (07.03.2022) de **M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire**, et de **M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes** :

ad 1) Tel qu’il a déjà été précisé dans la réponse à la question parlementaire n° 5489 de l’honorable Député Jeff Engelen, il n’existe pas de données disponibles permettant de repérer le nombre de personnes ayant démissionné de leur poste de travail au Luxembourg à cause de la pandémie.

ad 2) Un tel phénomène qui s’observe actuellement aux États-Unis pourrait mener à une augmentation de la pénurie de main d’œuvre et compliquer la recherche de personnel qualifié.

**Question 5697** (07.02.2022) de **M. Marc Goergen (Piraten)** concernant les **conflits d’intérêts des ministres dans le cadre de la planification énergétique et climatique** :

Vum Januar op September 2021 sinn d’Energiepräisser staark geklommen a klammen och nach weider. Eleng am Januar 2022 sinn d’Energietariffer ëm 28,6 % geklommen. Am Dezember 2021 huet Enovos als „fournisseur du dernier recours“ misse fir Clientë vun Eida asprangen. Verschidde Regierungsmemberen haten 2019 an hiren deemolegen Deklaratiounen ugin, Participatiounen an Energiesociétéiten ze hunn. Aus dësem Grond hat ech schonn den 19. Dezember 2019 am Kader vun der Debatt iwwert de Klima- an Energieplang eng Motioun agereecht, déi sech mat eventuelle Conflits d’intérêts vu Ministère bei der Klima- an Energieplanung befaasst huet.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Premier-minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill aktuell Ministeren haten no hirem Amts-untrëtt nach Parten an Energiesociétéiten?

2. Wéi vill aktuell Ministeren hu säit Dezember 2019, also no der Debatt an der Chamber iwwert de PNEC, Parten an Energiesociétéiten ofgetrueden?

3. Gëtt et nach Ministeren, déi haut Parten an Energiesociétéiten hunn, déi vun der Klima- an Energieplanung kënnen profitéieren?

**Réponse** (07.03.2022) de **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État** :

ad 1. De Xavier Bettel (Cheniëre Energy, TOTAL SA an E.ON SE), de François Bausch (Energiepark

Réiden SA) an de Claude Haagen (Sunelec Diekirch SC) haten no hirem Amtsuntrëtt nach Parten an Energiesociétéiten.

ad 2. De Xavier Bettel huet seng Parten tëscht Januar a Mäerz 2014 all verkaf. De François Bausch huet seng Part an der Sociéité Energiepark Réiden SA de 15. Dezember 2021 als Donatioun verginn. Den Nominalwäert war 250 €.

ad 3. De Claude Haagen hält weiderhi Parten an der Sociéité Sunelec Diekirch SC wéi och aus senger „Liste reprenant les informations à soumettre au Premier Ministre par chaque membre du Gouvernement en vertu du Code de déontologie“ ervirgeet, déi um Site vun der Regierung publizéiert ass.

**Question 5711** (08.02.2022) de **M. André Bauler (DP)** concernant les **lignes d’autobus RGTR supprimées** :

Des citoyens habitant les communes de Wincrange et de Troisvierges m’ont rendu attentif au fait que certaines lignes d’autobus RGTR (p. ex. la ligne desservant Troine vers Clervaux ou celle desservant Basbellain vers la gare de Clervaux) ont été annulées en décembre 2021 si bien qu’un certain nombre d’élèves - notamment ceux inscrits dans des lycées de la « Nordstad » (Lycée technique agricole et Lycée technique pour professions de santé Ettelbruck) - éprouvent de sérieuses contraintes de transport. En effet, actuellement, leurs parents se voient obligés de les transporter à la gare de Clervaux ou vers un arrêt situé dans un village voisin afin qu’ils y puissent prendre le bus.

Voilà pourquoi j’aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Monsieur le Ministre pourrait-il expliquer pourquoi ces lignes ont été supprimées ?

2) Monsieur le Ministre peut-il proposer des solutions pour venir en aide aux élèves concernés ?

**Réponse** (07.03.2022) de **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** :

ad 1) Dans le cadre de la réorganisation des lignes régulières du réseau RGTR, des connexions existantes entre certaines localités et des lycées de la « Nordstad » ont été ponctuellement supprimées. La desserte des lycées se fera à l’avenir uniquement avec les lignes scolaires du RGTR. Les deux réseaux RGTR, régulier et scolaire, seront séparés afin d’offrir un service adapté et flexible.

ad 2) Actuellement, mes services de l’Administration des transports publics sont en train d’analyser et de finaliser les adaptations des courses scolaires afin de répondre au plus vite aux besoins des élèves. Il faut tout de même préciser que le nouveau réseau des lignes scolaires RGTR ne prévoit pas de courses scolaires entre les localités Troine et Basbellain et la gare de Clervaux. Pour rejoindre les lycées de la « Nordstad » au plus vite, les usagers de la région peuvent utiliser les bus RGTR jusqu’à la gare de Troisvierges, où il sera alors possible de se rendre à Ettelbruck.

**Question 5717** (09.02.2022) de **M. Marc Goergen (Piraten)** concernant l’**installation de distributeurs de produits d’hygiène féminine par les communes** :

De 26. November 2021 huet d’Ministesch fir d’Gläichstellung tëschent Fraen a Männer mat enger Minientreprise aus dem Wolzer Lycée en Apparat mat Hygiènesproduiten, wéi Binden an Tamponen, am Drop-In vun der Croix Rouge ageweit. Bei dësem Apparat kënnen d’Persounen, déi et brauchen, sech gratis Hygiènesproduiten huelen. D’Ministesch hat laut „Lëtzeburger Wort“ schonn am Mäerz 2021 versprach, dass se de Flyer vun der Minientreprise wéilt un d’Gemeenge weiderleeden. Den 21. Mee huet den Inneministère d’Aktioun an der Circulaire N° 3999 erwänt an d’Gemengen opgeruff, esou Distributeurren ze bestellen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch fir Interieur dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gemengen hunn op dësen Opruff bis elo reagéiert a schonns een Apparat bestallt?

2. Wéi vill Apparater goufen op den Toilettë vun de Gemenge bis ewell installéiert?

**Réponse** (07.03.2022) de **Mme Taina Bofferdig, Ministre de l’Égalité entre les femmes et les hommes, Ministre de l’Intérieur** :

D’Menstruatioun gehéiert zum Liewe vun all Meedchen/Fra: Et ass natierlech an normal, dass Fraen, während engem groussen Deel vun hirem Liewen, hir Period kréien.

Obwuel 50 % vun de Mënschen eng Period kréien, bleift d’Theema en Tabu, deen et ze brieche gëllt. Keng Fra soll sech weinst hirer Period jeemoos

schumme mussen, dofir soll si och, wann néideg, déi néideg Ënnerstëtzung kréien, déi se brauch.

Dowéinst begréisst d’Regierung och ausdrécklech d’Initiativ vu verschiddene Gemengen, déi an den éffentleche Gebaier Automate mat entsprechenden Hygiènesartikelen ophänken.

Ech perséinlech hu mech dofir och direkt bereet erkläert, fir, am Kader vu menge Méiglechkeeten, de Projet vun de „Struggirls“, an den dräi Schülerinnen aus dem Wolzer Lycée, déi eng Minientreprise gegrënnt hunn, fir esou Apparater unzebidden, ze ënnerstëtzen. Dofir hunn ech zum Beispill den 21. Mee 2021 eng Circulaire iwwert den Inneministère un d’Gemeenge geschéckt, déi den Här Deputéierten a senger Fro och erwänt huet.

Mir ass et generell wichtig, a speziell beim Thema Menstruatioun, mat de Geschlechterstereotypen ze brieden: Frae ginn nach vill ze dacks als dat „schwaacht“ Geschlecht consideréiert an d’gesellschaftlech Meenung iwwert d’Menstruatioun als Tabu confirméiert déi Meenung, respektiv verstärkt se souguer nach.

Dowéinst ass et néideg, all Efforten ze maachen, fir d’Theema vun der Menstruatioun aus dem Tabu-beräich eraus an d’Éffentlechkeet ze bréngen an doriwwer ze diskutéieren.

Ech hu keng Donnéeën iwwert déi konkreet Suitten, déi d’Gemengen der Circulaire N° 3999 ginn hunn.

**Question 5729** (10.02.2022) de **M. François Benoy et Mme Jessie Thill (déi gréng)** concernant les **mesures fiscales destinées à promouvoir la gestion locative sociale** :

Lors de la vente d’un immeuble issu d’une succession en ligne directe et dans le cas où l’intervalle entre l’acquisition (ou la constitution) et la vente dépasse deux ans, en ce qui concerne l’imposition de la plus-value dégagée par la vente, le contribuable bénéficie d’un abattement unique de 75.000 euros sous condition que l’immeuble ait été utilisé comme résidence principale par les parents du cédant, conformément à l’article 130 (5) de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu.

Par conséquent, le contribuable ne bénéficie pas de l’abattement si l’immeuble en question a été mis en location par les parents, indépendamment qu’il s’agisse d’une location à travers la gestion locative sociale (GLS) ou non. Or, il peut arriver que les parents soient, notamment en raison de leur état de santé, contraints de quitter leur résidence principale pour s’installer dans des logements ou centres dédiés aux personnes âgées.

Dans ce contexte, élargir le champ d’application de l’abattement unique précité aux immeubles mis sous location à travers la GLS constituerait une incitation importante pour les personnes se trouvant dans une telle situation de louer leur logement inoccupé à des prix modérés, ce qui en revanche aurait des répercussions positives sur l’offre de logements abordables. Notons par ailleurs que la GLS a notamment été créée afin de contrecarrer l’occupation temporaire de logements habitables.

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances et à Monsieur le Ministre du Logement :

1) Afin de promouvoir la location à loyers modérés, les ministres envisagent-ils d’adapter les dispositions concernant l’abattement unique précité afin de faire en sorte que le contribuable puisse aussi en profiter lorsque l’immeuble hérité en ligne directe avait été auparavant mis en location par les parents à travers la GLS ?

2) Dans l’affirmative, endéans quel délai les ministres envisagent-ils d’introduire un projet de loi respectif ?

**Réponse commune** (07.03.2022) de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances**, et de **M. Henri Kox, Ministre du Logement** :

Les honorables Députés s’enquière si le Gouvernement envisage, dans le contexte de l’affaiblissement de l’offre de logements abordables, d’élargir l’application de l’abattement de 75.000 euros sur la plus-value dégagée par la vente d’un immeuble issu d’une succession en ligne directe aux situations où l’immeuble, qui servait de résidence principale des parents du cédant, a été mis en location parce que les parents, par exemple, ont été contraints de quitter leur résidence principale pour s’installer dans des logements ou centres dédiés aux personnes âgées.

Il convient tout d’abord de rappeler que ce type de cession est visé à l’article 130 (5) de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu (L.I.R.). Conformément à cette disposition, afin d’obtenir le bénéfice de cet abattement sur la plus-value de cession, un certain nombre de conditions doivent être remplies, parmi lesquelles figure la condition selon laquelle l’immeuble doit avoir été

« utilisé par les parents du contribuable ou de son conjoint comme résidence principale au sens de l’article 102bis ». En vertu de ce même article, lorsque l’immeuble n’a pas été utilisé comme résidence principale à l’échéance de la succession, il suffit que la condition de l’occupation de l’immeuble dans le sens de l’article 102bis L.I.R., c’est-à-dire la condition de l’occupation de l’immeuble en dernier lieu comme résidence principale par les parents, ait été remplie à un « moment quelconque au cours de la période située avant cette échéance », ce qui est également illustré par les exemples donnés au point 9.6.2. de la circulaire L.I.R. n° 99ter/1 du 29 décembre 1994.<sup>1</sup>

Par conséquent, si cette condition est remplie, la mise en location, sociale ou non, ne remet pas en cause le droit à l’abattement de 75.000 euros, pour autant que les autres conditions de l’article 130 (5) soient respectées.

**Question 5733** (10.02.2022) de **Mme Diane Adehm (CSV)** concernant les **sociétés d’impact sociétal** :

La loi du 12 décembre 2016 portant création des sociétés d’impact sociétal a créé un cadre juridique propre applicable à l’économie sociale et solidaire et instituant plus particulièrement le statut de société d’impact sociétal. Elle a d’ailleurs réservé des exemptions fiscales étendues aux sociétés dont le capital social est constitué à 100 % de parts d’impact.

Une loi plus récente a amendé le texte de base pour limiter l’établissement d’un rapport du réviseur d’entreprises aux sociétés d’impact sociétal disposant d’un chiffre d’affaires, voire d’actifs nets de plus d’un million d’euros, le but étant de ne pas faire peser des coûts déraisonnables aux plus petites structures, voire d’inciter la création de sociétés d’impact sociétal additionnelles.

C’est dans ce contexte que j’aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire :

1) Monsieur le Ministre peut-il m’indiquer le nombre total de sociétés d’impact sociétal agréées à ce jour ? Peut-il également me fournir le détail de ces créations sur une base annuelle ?

2) Monsieur le Ministre peut-il me quantifier le nombre de sociétés d’impact sociétal par secteur d’activité ?

3) Combien de personnes sont actuellement employées par les sociétés d’impact sociétal ? Monsieur le Ministre peut-il me fournir le détail par secteur d’activité ?

4) Au vu de ce qui précède et vu le nombre d’associations sans but lucratif existant au Luxembourg, Monsieur le Ministre considère-t-il que la création légale de sociétés d’impact sociétal a été un succès ?

5) Comment Monsieur le Ministre entend-il augmenter le succès des sociétés d’impact sociétal ? Monsieur le Ministre entend-il permettre la constitution de sociétés d’impact sociétal par simple conversion statutaire d’associations sans but lucratif ? Entend-il exempter fiscalement d’éventuelles mutations immobilières ?

**Réponse** (07.03.2022) de **M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire** :

ad 1) En date du 10 février 2022, 51 sociétés ont été agréées en tant que société d’impact sociétal (« SIS ») dont 8 sociétés n’ont jamais été immatriculées au Registre de commerce et des sociétés, 2 sociétés ne sont pas enregistrées en tant que sociétés d’impact sociétal au Registre de commerce et des sociétés, et 4 autres sociétés se sont vu retirer leur agrément depuis l’entrée en vigueur de la loi modifiée du 12 décembre 2016 portant création des sociétés d’impact sociétal.

(Tableau à consulter auprès de l’Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 2) + 3) En date du 10 février 2022, 37 des 51 sociétés ayant été agréées en tant que société d’impact sociétal sont enregistrées au Registre de commerce et des sociétés. En ce qui concerne le nombre par secteur d’activités et le nombre moyen des personnes employées, la situation se présente comme suit :

(tableau à consulter auprès de l’Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

<sup>1</sup> Exemple : Les parents vont habiter avec un de leurs enfants ou ils deviennent pensionnaires dans une maison de retraite, et donnent en location la maison qui a constitué leur résidence principale. Si les enfants héritent par après de cette maison et la vendent, la plus-value réalisée par chaque enfant peut bénéficier de l’abattement spécial.





ad 4) + 5) L'entrée en vigueur de la loi du 12 décembre 2016 portant création des sociétés d'impact sociétal a permis de contribuer à la mise en place d'un cadre juridique favorable et adapté qui valorise et met en évidence les spécificités économiques des entreprises sociales et solidaires tout en encourageant le déploiement de leurs activités économiques à finalité sociale ou sociétale.

Le nombre de demandes d'agrément en tant que sociétés d'impact sociétal ne cesse d'augmenter depuis et les chiffres en témoignent.

Parmi les formes organisationnelles traditionnelles de l'économie sociale et solidaire (coopératives, mutuelles, associations, fondations), une grande majorité d'initiatives ont effectivement opté pour le statut juridique de l'association sans but lucratif (ASBL) qui est une forme juridique privilégiée pour donner corps à l'engagement bénévole et citoyen dans tous les domaines de la vie de société.

En principe, une association sans but lucratif peut se transformer en une société d'impact sociétal (SIS) dont le capital social est composé à 100 % de parts d'impact. En effet, le nouvel article 31 introduit par les amendements gouvernementaux du projet de loi 6054 sur les associations sans but lucratif et les fondations déposés à la Chambre des Députés en date du 26 juillet 2021 propose d'introduire en droit luxembourgeois la possibilité pour une association de se transformer en une société d'impact sociétal (SIS) dont le capital social est composé à 100 % de parts d'impact.

La vie associative s'étant fortement diversifiée depuis quelques années, le champ d'action des ASBL s'est élargi au fur et à mesure au point que certaines exercent des activités économiques à titre principal. Dans ce contexte, il y a lieu de rappeler la définition actuelle de l'ASBL de la loi du 21 avril 1928 sur les associations sans but lucratif et les établissements d'utilité publique qui dispose dans son article 1<sup>er</sup> que : « L'association sans but lucratif est celle qui ne se livre pas à des opérations industrielles et commerciales ou qui ne cherche pas à procurer à ses membres un gain matériel. »

Une association dont l'activité est principalement économique est en conflit avec ledit article 1<sup>er</sup> de la loi du 21 avril 1928.

En effet, pour différentes raisons il se peut qu'au cours de son existence, une association estime que la forme juridique d'une société soit plus adaptée à ses besoins.

Pourtant, les modalités pratiques du mécanisme de la transformation d'une association sans but lucratif en une société d'impact sociétal doivent encore être précisées conjointement avec le Ministère de la Justice qui est compétent en la matière.

La question de l'exemption fiscale d'éventuelles mutations immobilières dans le cadre de la transformation d'associations sans but lucratif en sociétés d'impact sociétal ne se pose donc pas à l'heure actuelle.

Il est également à noter que d'après le nouvel article 37 des amendements gouvernementaux du projet de loi 6054 sur les associations sans but lucratif et les fondations, toute association reconnue d'utilité publique appartient à la catégorie des « grandes associations » qui sont tenues de confier le contrôle de leurs comptes annuels à un réviseur d'entreprises agréé.

Depuis l'entrée en vigueur de la loi du 16 juillet 2021 portant modification de la loi modifiée du 12 décembre 2016 portant création des sociétés d'impact sociétal, les obligations de révision pesant sur les sociétés d'impact sociétal ont pu être allégées considérablement en fonction de leur taille.

En complément, l'évaluation du cadre légal de la société d'impact sociétal telle que prévue par l'article 15 de la loi modifiée du 12 décembre 2016 portant création des sociétés d'impact sociétal sera réalisée dans les mois à venir dont l'objectif est d'améliorer et d'adapter davantage le cadre légal. Un groupe de travail interministériel sera mis en place à cet effet.

De plus, le programme IMPULS organisé conjointement avec Nyuko ASBL s'adresse à des entrepreneurs sociaux en herbe qui souhaitent développer leur entreprise (création, développement ou reprise d'entreprise), en particulier à travers la société d'impact sociétal. Le programme distingue deux phases d'accompagnement : la première phase est celle appelée d'accélération pendant laquelle le porteur de projet doit se focaliser sur la faisabilité et la modélisation de son projet. La deuxième phase est un accompagnement sur mesure pour assurer la viabilité du projet et concrétiser le lancement en tant que société d'impact sociétal.

À travers la MESIS, le Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire assure un guichet unique à des créateurs de sociétés d'impact sociétal dont ceux issus du programme IMPULS. En tant que lieu de référence unique pour l'entrepreneuriat social et l'innovation sociale à Luxembourg, la MESIS offre un accompagnement

et un suivi individualisé à tout entrepreneur social désireux de créer une société d'impact sociétal et ce à titre gratuit.

De même, la MESIS met également à disposition des espaces de travail à des entrepreneurs sociaux qui peuvent ainsi créer et développer leur entreprise dans un environnement privilégié.

La reconduction du partenariat avec l'ASBL Jonk Entrepreneuren Luxembourg permet en outre d'assurer des formations à l'économie sociale et solidaire et plus particulièrement à l'entrepreneuriat social et au concept de la société d'impact sociétal à de jeunes élèves à partir de 15 ans.

Répondant aux besoins de visibilité des acteurs de l'économie sociale et solidaire, un portail de l'économie sociale et solidaire sera mis en ligne dans les prochains mois afin de regrouper l'ensemble des informations sur le secteur et ses activités, l'entrepreneuriat social et la société d'impact sociétal. Les visiteurs pourront naviguer parmi différentes rubriques dont une est dédiée à la vulgarisation du cadre légal de la SIS.

Finalement, un guide pour des marchés publics socialement responsables vise à encourager les pouvoirs adjudicateurs de recourir à des critères sociaux dans leurs appels d'offre.

#### Question 5737 (10.02.2022) de M. Dan Biancalana et Mme Francine Closener (LSAP) concernant la valorisation de l'artisanat :

Ronn 100.000 Salariëe schaffen aktuell an engen 8.000 Betriber am Handwierk zu Lëtzebuerg. Allerdéngs besteet och an dësem Secteur eng Penurie u qualifizéiertem Nowuess. Fir deem entgéintzewierken, huet d'Jonk Handwierk ënner anerem via de Site handwierk.lu eng Campagne lancéiert, fir iwwert déi verschidde Beruffsméiglechkeeten am Artisanat ze informéieren. 9.400 Handwerker feelen dem Land aktuell. E Secteur, deem zu Onrecht ënnert engem schlechte Ruff läit.

An deem Zesammenhang wëlle mir dem Här Educationminister an dem Här Mëttelstandsminister dës Froe stellen:

- No wéi enge Krittäre gëtt haut an d'Handwierk orientéiert a ginn et lwwerleeungen, dëst an Zukunft anescht unzegoen?

- Wéi wëll den Här Minister dem schlechte Ruff vun den handwierkleche Beruffer, deem och an der Schoul zu Onrecht herrscht, entgéintwierken?

- Gëtt et eng Strategie fir der Penurie, aktuell eng 9.400 Aarbechtskräften, déi feelen, entgéintzewierken?

- Wéi wëll d'Regierung d'Demarche vun enger Opwärtung vun der Ausbildung am Handwierk begleeten?

- Wéi e Rôle kënn der Formation professionnelle an dësem Sujet zou? Gesäit den Här Minister hei Verbesserungspotential?

#### Réponse commune (15.03.2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, et de M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes :

Wann et op där enger Säit nach ëmmer reng schoulesch Krittäre gi fir an d'Beruffsausbildung, spréich d'Handwierk, ze orientéieren, muss een awer op där anerer Säit erwänen, datt duerch d'Lycéeën am Land vill Orientatiounsinitiative stattfannen, déi deene Jonke Goût um Handwierk solle ginn. Dës Initiativen, wéi d'Journée des patrons oder d'Journée des entreprises, erlaben et, dem Jonken direkt d'Realitéit, d'Perspektiven an d'Erwaardungen aus der Siicht vum Betrib ze kréien.

Nieft renga Promotiounscampagnë fir d'Beruffer, wéi Skills United, déi am Joer 2019 vum Educationminister zesumme mat der Generaldirektion fir Mëttelstand an d'Liewe geruff ginn ass, gëtt d'ASBL WorldSkills Lëtzebuerg majoritär vum Educationminister finanzéiert. Dës ASBL huet als Haaptmissioun d'Promotioun fir d'Beruffer ze machen. All zwee Joer organiséiert WorldSkills Lëtzebuerg déi national Concourse vun de Beruffer fir Jonker bis 24 Joer an déi beschte vun hinne représentéiere Lëtzebuerg bei de Weltmeeschterschaften (WorldSkills), respektiv bei den Europameeschterschaften (EuroSkills) vun de Beruffer. An dësem Kontext soll een ënnersträichen, datt Lëtzebuerg bei de leschten EuroSkills, am Oktober 2021 zu Graz an Eisträich, eng formidabel Bronzemedail am Concours „Entrepreneurship - Business Development“ mat Heem bruecht huet.

An engem Gesamtkontext vu Valorisation fir d'Beruffer an d'Handwierk ass och ervirzehiewen, datt vum 2. - 4. Mee 2022 déi éischt national Schoulfoire vum Educationminister organiséiert gëtt. Dës „YEP - Schoulfoire“ ass ouni Zweifel dat gréissten Event ronderëm d'Schoul an d'Beruffer, dat dëst Joer stattfënn. Den Acronyme steet fir déi Haaptaxe vun dëser Foire, an zwar déi Jonk (Youth),

d'Education (Education) an d'Léierplazen, resp. d'Méiglechkeete vun de Formationen aus der Beruffsausbildung (Professions).

Op dëser Schoulfoire wäerte vertruete sinn:

- d'Lycéeën zu Lëtzebuerg;
- den Educationminister, seng Servicer, seng Departementer mat hire Projeten;
- de Léierplazendag;
- d'LuxSkills;
- d'Kreatif Ateliers.

De Léierplazendag, deem zesumme mat der ADEM, RTL an de Beruffskummeren den 2. Mee 2022 organiséiert gëtt, ass déi Plaz, wou déi Jonk mat enger ronn 40 Ausbildungsbetriber direkt a Kontakt kommen. Deen Dag kritt de Jonke sämtlech Informationen zum Léiervertrag am Apprentissage initial, am Apprentissage pour adultes an am Apprentissage transfrontalier.

En anere Volet sinn d'LuxSkills, déi national Meeschterschafte vun de Beruffer. Do ginn et fir dës 10. Editioun iwwer 30 verschidde Concoursen. Bei dëse Championnats des métiers et des professions fanne sech souwuel déi traditionell Beruffer aus dem Handwierk wéi awer och déi ronderëm aner Schwéierpunkten aus dem Regierungsprogramm, wéi d'Digital Skills an den Entrepreneuriat, erëm.

Iwwert de Wee vun der Competitioun vun engem Concours soll de Beruff no bause valoriséiert ginn, mam Zil méi Jonker unzezéien.

Wann d'Formation professionnelle nach dacks als Orientation „par l'échec“ betruecht gëtt, esou gëtt awer an der Beruffsausbildung aktiv géint dat leider negatiivt Bild geschafft. Am Kader vun der „YEP - Schoulfoire“ sollen d'Kompetenze vun de Kanner duerch eng ronn 50 Ateliere gefërdert ginn an iwwert dee Wee sollen eis Jonker Goût un der Beruffswelt kréien.

An der Pandemie war et generell fir de Schoulsystem net einfach, speziell awer fir d'Apprentis aus der Beruffsausbildung. An där schwieriger Zäit huet d'Regierung eng Rei Mesuren an d'Liewe geruff fir d'Formation professionnelle an domadder och d'Handwierk ze stabiliséieren. Ouni elo an den Detail vun all Measure ze goen, weisen d'Zuelen, datt eng Derogatioun vum Datum fir d'Conclusioun vum Léiervertrag op den 31. Dezember respektiv op den 30. November gehollef huet, méi Léierverträge ze ënnerschreiwen. Och war de Chômage partiel fir d'Apprentis wichteg, fir datt eng grouss Majoritéit vun de Léierverträge konnt weiderlafen. D'Betriber kruten a kréien eng Prime unique wann si Apprentis eng Ausbildung erméiglechen, respektiv wann si engem Jonken, dee säi Léiervertrag gekënnegt krut, eng Reprise de contrat ubidden.

D'Formation professionnelle wäert och nach an Zukunft zesumme mat de Beruffskummeren Initiativen an d'Liewe ruffen, fir dem Handwierk dee Stellerwäert ze erméiglechen, deem e verdéngt huet.

Esou wéi schonn ë. a. an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N° 1542 an 3183 geschriwwen, empfënn d'Regierung et als wichteg, fir jonk Leit fir den Entrepreneuriat am Allgemengen an d'Handwierk am Besonnesche kënnen ze begeeschten.

Well et primordial ass, datt d'Gesellschaft sech der Wichtigkeet vum Handwierk och bewusst ass, ass d'Regierung permanent beméit, d'Promotioun vum Handwierk net nëmmen um Niveau vum Schouwiesen ze gestalten, mee och de Stellerwäert an d'Attraktivitéit vum Handwierk an der Gesellschaft héichzehalen. An deem Kontext sief op dëser Plaz u verschidde Campagnen erënnert, dorënner:

- d'Austellung De Mains De Maîtres, déi d'Konscht-handwierk promouvéiert;
- de Programm HandsUp, deem de jonke Leit an hiren Elteren e positivt Bild vum Handwierk vermëttelt;
- déi rezent virgestallte Campagne vun der ASBL Jonk Handwierk fir d'Attraktivitéit vum Handwierk bei de jonke Leit weider ze fërderen;
- déi grouss ugeluechte Media-Campagne Makers of Luxembourg, déi d'Lëtzebuerger Handwierk promouvéiert.

#### Question 5739 (10.02.2022) de M. Dan Biancalana (LSAP) concernant le trafic de drogues :

Le rapport annuel de l'Administration des douanes et accises livre de nouvelles tendances concernant le trafic et la consommation de drogues. Il s'avère que les livraisons par courrier express connaissent un grand essor depuis le début de la pandémie. Cela s'accompagne d'une difficulté de retracer le parcours des drogues.

Les chiffres montrent également que les drogues de synthèse et l'usage abusif de médicaments trouvent des débouchés au Luxembourg.

Dès lors, j'aimerais savoir de la part de Madame la Ministre des Finances et de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

- Quels sont les moyens dont les deux ministres disposent pour faire face et contrecarrer ce nouveau phénomène (livraisons express) ?

- Quelles mesures les ministres comptent-ils prendre pour faire face à l'utilisation abusive croissante de certains médicaments ?

- Les ministres supposent-ils que les développements décrits ci-dessus concernant la consommation et le transport de drogues sont des phénomènes plutôt temporaires ou plutôt de longue durée ? Ces phénomènes sont-ils observés dans les autres États membres européens ? Dans l'affirmative, comment ces derniers abordent-ils cette problématique récente ? Existe-t-il une concertation et collaboration européenne à ce niveau ?

#### Réponse commune (16.03.2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure, et de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances :

L'environnement de dédouanement électronique, couvrant également les envois postaux et express, permet à l'Administration des douanes et accises (ci-après ADA) de répondre aux exigences légales du code des douanes de l'Union en matière de gestion des risques et de contrôles douaniers. Ces dispositions prévoient entre autres l'application systématique d'une analyse de risque électronique à l'égard des déclarations soumises dans les systèmes douaniers, dans le but de détecter les cargaisons présentant un risque (y compris en matière de stupéfiants de tous genres, de médicaments et d'autres produits sensibles) et de soumettre celles-ci aux contrôles douaniers. Au niveau des contrôles physiques, l'ADA dispose de moyens tels que des scanners et des chiens dépisteurs.

En ce qui concerne les envois de drogues liés à des commandes à distance les destinataires déterminés lors d'enquêtes judiciaires sont dénoncés en justice.

Concernant les envois de médicaments liés à des commandes à distance, l'ADA coopère étroitement avec la Direction de la santé, division de la pharmacie et des médicaments. Les envois de médicaments non admis interceptés sont renvoyés à l'expéditeur ou détruits. En cas d'importation irrégulière de médicaments psychotropes, des enquêtes judiciaires sont menées et les destinataires déterminés sont dénoncés en justice. Pour les trois dernières années, le trafic et/ou la consommation de produits médicamenteux n'ont pu être constatés que de façon marginale dans les affaires judiciaires confiées à la Police grand-ducale.

Dans le cadre de la gestion des risques et des contrôles en matière douanière, la Commission européenne a mis en place un système informatique sécurisé commun permettant un échange systématique des informations sur les risques liés aux mouvements des marchandises entre les autorités douanières des États membres et la Commission.

Les informations pertinentes sont utilisées par l'ADA à des fins de ciblage électronique dans le système de dédouanement national. L'ADA est représentée dans différents groupes et projets de coopération internationale en matière de lutte contre le trafic de drogues, dont notamment le « groupe Pompidou », le « Benelux Senn Post » et le « Global Rapid Interdiction of Dangerous Substances ».

L'ADA utilise, entre autres, la plateforme IONICS, mise à disposition et gérée par l'Organe international de contrôle des stupéfiants, laquelle regroupe et surveille toutes les saisies de nouvelles substances psychoactives.

#### Question 5741 (11.02.2022) de Mme Francine Closener (LSAP) concernant les « Digital sciences » dans l'enseignement secondaire :

Zanter der Rentrée 2021/2022 gëtt an engem Pilotprojet an 18 Lycéeën zu Lëtzebuerg d'Fach „digital sciences“ enseignéiert. Am Kader vun der Strategie „einfach digital“ soll de Schüler op 7<sup>e</sup> d'Digitalisation via fënneg grouss Thematiken méi no bruecht ginn. Vun der Rentrée 2022/2023 un soll dëst Fach an all Lycée ugebueden ginn, an derniewent och eng Pilotphas op 6<sup>e</sup> lancéiert ginn.

An deem Zesammenhang wëll ech dem Här Educationminister dës Froe stellen:

1. Wéi fält, no engem Semester, de Bilan vun der Pilotphas vum Fach „digital sciences“ aus? Gëtt un der Agenda festgehalen, fir dëse Cours vun der nächster Rentrée u flächendeckend unzebidden?

2. Wéi eng Lycéeë wäerten un der Pilotphas fir d'6<sup>e</sup> deelhuelen?

3. An der Ëmsetzung vun dem Fach „digital sciences“ gouf de Lycéeën eng gewëss Flexibilitéit zougestanen; esou konnte si zum Beispill iwwert d'Fach decidéieren, op deem seng Käschten dës nei Disziplin ugebuede gëtt. Wéi hu sech déi verschidde Lycéeën hei entscheet?

4. „Digital sciences“ konnt vu ganz verschiddenen Enseignantë gehale ginn, vum Sprooch- bis zum





Artistiquesprofessor. Wéi fält hei de Bilan aus? Wëll ee weider un deem Wee festhalen, oder verstärkt op beispillsweis Informatiker setzen? Wéi ginn déi interesséiert Enseignanten op dëst Fach virbereet?

5. Gëtt de Cours a sengem zweete Joer adaptéiert oder tel quel un deem aus der Pilotphas festgehalen?

6. Via dëst neit Fach ass och eng „initiation au vocabulaire anglais“ virgesi gewiescht - huet de Ministère heizou schonn e Fazit gezunn?

7. Wéi eng spezifesch Kompetenzentwécklung gëtt mam Fach „digital sciences“ envisagéiert?

**Réponse** (15.03.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

Dat neit Fach Digital sciences gouf am September 2021 an 18 Lycéeën zu Lëtzebuerg agefouert. Zanterhier goufe wäertvoll Erfarunge souwuel op Schüler- a Schülerinnesäit wéi och beim Léierpersonal gemaach. D'Reckmeldunge sinn zu engem groussen Deel ganz positiv, méi kritesch Téin ginn awer och gelauschtert a flëssen an d'Iwwerschaffe vum Fach an, en vue vun der flächendeckender Aféierung bei der nächster Rentrée. Am Moment gëtt mat deem Zil e Sondage duerchgefouert, deen awer aus verständleche Grënn nach net ofgeschloss ass.

ad 1. Nom éischte Semester ass ee Sondage ënnert den Enseignantë lancéiert gi fir ze kucken, ob a wou eventuell Adaptatiounen musse gemaach ginn. D'Resultater leien nach net vir. D'Agenda fir eng flächendeckend Aféierung gëtt respektéiert.

ad 2. All déi 18 Lycéeën, déi dëst Joer op de Septièmesklassen um Pilotprojet deelhuefen, wäerten och op der 6<sup>e</sup> Pilotklassen ubidden.

ad 3. D'Lycéeën hunn an dësem Punkt am Kader vun hirer Autonomie ganz ënnerschiddlech gehandelt. De genaue Bilan heivu kann eréischt nom Ofschloss vum Sondage gemaach ginn.

ad 4. Weiderhi kënnen Enseignantë souwuel aus de Sciences naturelles wéi aus de Sciences humaines dat Fach halen. Déi interesséiert Persounen kréien eng komplett Weiterbildung iwwert den IFEN ugebueden (12 Stonnen) an hunn Accès zu enger nationaler Plattform, wou si eng Hëllefstellung vum Aarbechtsgrupp kréien.

ad 5. Och dës Fro kann eréischt no der Auswärtung vum Sondage definitiv beäntwert ginn. Do, wou sech erausstellt, datt Upassungen néideg sinn, wäerten dës vum Aarbechtsgrupp virgeholl ginn.

ad 6. Och dës Fro kann eréischt no der Auswärtung vum Sondage beäntwert ginn.

ad 7. Mam Fach Digital sciences gi Mediekompetenze gefërdert, andeems Wëssen, Savoir-faire a Savoir-être mat, duerch an iwwert d'Medien enseignéiert ginn. D'Schülerinnen an d'Schüler léieren, déi digital Welt, hir Outilen, hiert Netzwierk an hire Fonctionnement kennen, andeems se Liene mat hirem aldeegleche Liewe maachen.

Et gi sechs Beräicher iwwer dräi Joer thematiséiert:

- Meng digital Welt an ech
- De www, säin Netzwierk an ech
- Do you speak Informatik? Meng Sprooch, hir Sprooch
- D'Spill - analog an digital, eleng oder zesummen, ee ganze Programm
- De Roboter, Partner am gudden an am schlechte Sënn
- Eng Maschinn méi schlau wéi ech, gëtt et dat?

D'Kompetenzentwécklung am Fach respektéiert de Lëtzeburger Mediekompass - Cadre de référence de l'éducation aux et par les médias - a fërdert déi fënnef opgelëschte Kompetenzberäicher (<https://www.edumedia.lu/medienkompass/medienkompass/>).

**Question 5745** (11.02.2022) de **M. François Benoy** (*déi gréng*) concernant **l'analyse de la durabilité de la place financière** :

Comme prévu par la Luxembourg Sustainable Finance Strategy présentée en février 2021, une étude PACTA (« Paris Agreement Capital Transition Assessment ») devrait être réalisée en 2021 pour la place financière luxembourgeoise. Selon un article de presse, cette analyse a bel et bien été effectuée entre juin et octobre 2021.

L'outil PACTA permet de mesurer l'alignement de portefeuilles d'investissement sur les objectifs de l'Accord de Paris, à savoir contenir l'augmentation de la température moyenne de la planète « nettement en dessous de 2 °C par rapport aux niveaux préindustriels » tout en « poursuivant l'action menée pour limiter l'élévation de la température à 1,5 °C ».

Il s'agit donc d'un outil qui permet aussi de mesurer l'exposition de la place financière aux risques climatiques et d'identifier l'avancement du développement de la finance durable au Luxembourg.

Notons que d'autres pays ont déjà publié les résultats de leur analyse PACTA, dont notamment la Suisse et l'Autriche.

Dans ce contexte, je voudrais avoir les renseignements suivants de la part de Madame la Ministre des Finances :

1) L'étude PACTA a-t-elle en effet été effectuée en 2021, comme prévu par la Luxembourg Sustainable Finance Strategy ?

2) Dans la négative, pourquoi n'a-t-elle pas été menée et endéans quel délai est-il prévu de l'effectuer ?

3) Dans l'affirmative, quels en sont les résultats et enseignements principaux ? Quand Madame la Ministre entend-elle publier les résultats de l'analyse ?

**Réponse commune** (15.03.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances*, et de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

La Luxembourg Sustainable Finance Initiative (LSFI) a bien effectué, en 2021, un exercice tel que prévu dans le cadre du Paris Agreement Capital Transition Assessment (PACTA).

La participation à cette étude était gratuite, facultative, anonyme, ouverte à toute institution financière basée au Luxembourg et était coordonnée par la LSFI, en partenariat avec le 2<sup>e</sup> Investing Initiative (2DII), un groupe de réflexion (think tank) indépendant et sans but lucratif qui s'efforce d'aligner les marchés financiers et les réglementations sur les objectifs du PACTA. La 2DII a ainsi offert un soutien pratique et un support technique aux participants, tout au long de l'exercice.

En tant que membres du conseil d'administration de la LSFI, le Ministère des Finances et le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable ont pu suivre le déroulement de cet exercice.

L'étude PACTA comprenait deux volets :

- 1) PACTA for banks : une analyse - à réaliser par les banques, des portefeuilles de crédits ; et
- 2) PACTA for investors : une analyse - ouverte à toute institution financière (banque, fonds d'investissement, société d'assurance, etc.), des portefeuilles d'investissements.

Les deux volets de l'étude ont été lancés au Luxembourg le 29 juin 2021 auprès de l'ensemble des acteurs du secteur financier. La première analyse (PACTA for banks) a été clôturée le 15 décembre 2021 et la seconde (PACTA for investors) le 15 février 2022.

Pour cette première session, l'objectif principal était avant tout de sensibiliser les acteurs à l'exposition de leurs institutions aux risques climatiques induits par le changement climatique. La méthodologie PACTA élaborée pour ce faire, permet de mesurer l'alignement de portefeuilles d'investissements ou de crédits à des scénarios de transition énergétique.

Les institutions participantes sont libres de rendre publics les résultats de leurs analyses ou de les utiliser pour l'élaboration d'un rapport portant sur leurs performances extra-financières.

Toutefois, la Luxembourg Sustainable Finance Initiative (LSFI) publiera un rapport plus général au cours de l'année 2022.

Ce rapport contiendra les résultats d'un sondage (encore en cours) réalisé auprès des institutions participantes et devrait contenir, entre autres :

- le retour d'expérience de ces institutions ;
- les réflexions pratiques sur la mise en œuvre pratique de l'analyse suivant la méthodologie PACTA ; et
- des pistes proposées pour élaborer une stratégie plus globale de durabilité au vu des défis et opportunités qu'une telle stratégie représente.

Enfin, tout au long de l'année 2022, un groupe de travail spécial se penchera davantage encore sur la question de la mesure climatique du secteur financier et continuera l'analyse de cette thématique, grâce au mandat qu'a reçu la LSFI pour approfondir cette question d'envergure. L'ambition étant de pouvoir proposer des exercices similaires à l'avenir, en explorant éventuellement des méthodologies alternatives ou complémentaires à la méthodologie PACTA.

**Question 5748** (11.02.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant **les taux d'intérêts et frais de banque** :

Am Artikel „Das Auf und Ab der Zinsen“, deen den 11. Februar am „Lëtzeburger Wort“ publizéiert gouf, heescht et, datt am Ëmfeld vun den internationale Kapitalmarchéen déi allgemeng Erwaardung zouhëlt, datt d'Zënse während den nächste Méint nees wäerte klammen. Vusäite vun de Lëtzeburger Banken, dorënner och Eenzeler, déi ënnert der Form

vun engem Établissement public constituéiert sinn, heescht et awer, datt d'Clienten an den nächste Méint weeder mat méi héijen Zësen um Spuerbuch nach mat méi niddrege Fraisen um Compte courant rechne sollten. D'Zënse fir Prëten, zum Beispill op Immobilien, kéinten dogéint klammen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Finanzminister gär dës Fro stellen:

- Kann d'Madamm Finanzminister matdeelen, vu wéi engem Zësniveau un déi lëtzebuergesch Bankclienten, hirer Analys no, nees mat méi niddrege Fraisen a méi héijen oder op d'mannst onofhängeg vun der Héicht vum Verméige wäertneutralen Zësen op hiren Erspuernesser sollte rechne kënnen?

**Réponse** (15.03.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

Et ass net un der Regierung, fir sech iwwert d'Zëspolitik vun de Banken, déi eng Konsequenz vun der Zëspolitik vun der Europäescher Zentralbank ass, ze prononcéieren.

Generell steet et all Bank fräi, hir kommerziell Politik, an domadder och hir Fraisen, am Kader vun der applikabler Reglementatioun, an d'Zësen, déi se ubitt, selwer festzeleeën. Hei spillt de Prinzip vun der fräier Konkurrenz, an déi sech d'Regierung net amëscht.

**Question 5749** (11.02.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant **la flotte automobile de la Police grand-ducale** :

„L'essentiel“ huet de 4. Februar 2022 geschriwwen, dass d'Police grand-ducale 96 nei dieselgedriwwen Dëngschtween vum Modell Ford S-Max kaf huet. Dës Acquisitioun soll 4,96 Milliounen Euro kascht hunn, woubäi de järeche Budget fir d'Erneuerung vun der Policeflott bei 5,3 Milliounen Euro leie soll.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1. Entsprechen dës Acquisitiounen dem Minister senger Virstellung vun der zukünftger ökologescher Entwécklung vun der Policeflott?

2. Wat fir zousätzlech Optiounen fir d'Autoe goufe beim Fournisseur bestallt?

3. Bei wéi vill Liter pro 100 Kilometer läit de Verbrauch pro voll equipéierte Ford S-Max?

4. Wéi vill CO<sub>2</sub> gëtt duerch dës Erneuerung zousätzlech pro Joer ausgestouss?

5. Ass scho gewosst, a wat fir Projeten déi reschtlech 660.000 Euro investéiert wäerte ginn?

6. Wéi vill Policebüroen gëtt et am Land a wéi vill dovou sinn equipéiert, fir en elektreschen Dëngschtwon kënnen ze lueden?

**Réponse** (08.03.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1. - 6. D'Police an de Minister fir bannenzeg Sécherheet si beméit, fir den ekologeschen Impakt vun der Police ze minimiséieren. Dowéinst gräift d'Police och zum Deel op d'„mobilité électrique“ zereck, dëst awer primär fir administrativ Zwecker. Aktuell si ronn 30 % vun de Kommissariater mat Elektroboren equipéiert. Wéi schonn an anere parlamentaresche Froen erwänt, ginn d'Ufuerderunge vun der Police bei Interventiounen haut nach net vun der „mobilité électrique“ erfëllt. D'Police suivéiert deementspriedend d'Evolutioun vum Marché, fir an Zukunft nach méi nohalteg agéieren ze kënnen.

Och d'Soumissioun vun 2021 erlaabt et der Police, hiren CO<sub>2</sub>-Ausstouss ze reduzéieren. An den nächste véier Joer ginn heiduerch 96 al Gefierer (Euro-5-Norm) mat Neien (Euro-6-Norm) ersat. Bei den neie Gefierer ass den CO<sub>2</sub>-Ausstouss méi niddereg wéi bei deenen Alen. D'Soumissioun gesäit vir, dass 96 Gefierer iwwert en Zäitraum vu véier Joer geliwwert gi fir e Gesamtmontant vu 4.960.000 € TTC, respektiv jeeeweils 24 Gefierer fir 1.240.000 € TTC pro Joer.

Am Prinzip bestëllt d'Police keng zousätzlech Optiounen bei de Fournisseuren. All déi fir de Police-Asaz erfuorderlech Equipementer ginn am Virfeld am Cahier des charges festgeluecht. Sämtlech Equipementer si sécherheetsrelevant respektiv Standard-equipementer, déi all vun der Police gezeechent Gefierer mussen hunn.

**Question 5751** (11.02.2022) de **Mme Martine Hansen** et **M. Claude Wiseler** (*CSV*) concernant **le vaccin Novavax** :

D'Madamm Gesondheetsministesch huet de 4. Februar 2022 op der Pressekonferenz matgedeelt, datt den 21. Februar 9.000 Dosissen Novavax erwaart ginn, a weider 30.000 Dosissen bis Enn Mäerz.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung eis informéieren, wéi eng Persounen dësen Impfstoff kréien? Wat ass hei d'Strategie? Dierfen d'Leit wienen?

**Réponse commune** (15.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État* :

De Conseil supérieur des maladies infectieuses (CSMI) huet an sengem Avis vum 25. Februar 2022 spezifizéiert, a wéi enge Fäll de Covid-19-Impfstoff vun Novavax recommandéiert ass. Dësen Avis ass ënnert follgendem Link nozeliesen:

<https://sante.public.lu/fr/espace-professionnel/recommandations/conseil-maladies-infectieuses/covid-19/covid-19-annexes/CSMI-recommandation-Nuvaxovid-2022025.pdf>

D'Regierung huet d'Recommandatiounen vum CSMI an senger Impfstategie rondrëm den Impfstoff vun Novavax esou iwwerholl.

**Question 5752** (11.02.2022) de **MM. Laurent Mosar** et **Serge Wilmes** (*CSV*) concernant **la délinquance juvénile en bande** :

Il nous revient que depuis un certain temps, la police est confrontée au phénomène de jeunes commettant des infractions en bande, e. a. des vols avec violences. Il n'est point besoin de rappeler le sentiment d'insécurité que ressentent nos concitoyens en proie à de tels agissements et le dommage qui est causé aux victimes de telles infractions.

S'y ajoute qu'en l'absence d'un changement du cadre légal voire d'une adaptation des structures d'accueil pour ces jeunes démunis, il est difficile de leur apporter la protection dont ils ont pourtant besoin.

Une solution plus durable serait en tout état de cause le démantèlement des réseaux à l'origine de la traite de ces jeunes.

Au vu de ce qui précède, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame le Ministre de la Justice et à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

1) Combien d'interpellations de mineurs auxquels il est reproché d'avoir commis des infractions pénales en public ont été relevées par la police ces derniers mois ? Comparé aux années précédentes, Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils constater une recrudescence de ce phénomène ?

2) Quelles solutions à court terme le Gouvernement envisage-t-il pour endiguer ce phénomène ?

3) Sachant que ces jeunes, souvent victimes de traite des êtres humains, ont besoin de protection, comment le Gouvernement organise-t-il leur prise en charge aussi dans le but de prévenir la commission d'infractions nouvelles ?

4) Ne faudrait-il pas doubler d'efforts afin de démanteler les réseaux criminels derrière cette traite ? Comment le Gouvernement voire les autorités de poursuite s'organisent-ils pour y parvenir ? Des changements légaux, réglementaires, voire au niveau opérationnel, sont-ils actuellement discutés ?

**Réponse commune** (14.03.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*, de **Mme Taina Boffering**, *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes*, et de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

Il convient de ne pas faire un amalgame entre la délinquance juvénile, les infractions commises par des mineurs en bande, notamment des vols avec violences, et la traite des mineurs respectivement la vente d'enfants. En effet, des mineurs commettant des infractions en bande ne sont pas nécessairement également victimes de la traite des êtres humains.

À l'heure actuelle, le Grand-Duché ne connaît pas de cas de délinquances commises par des mineurs en bande. Ceci a déjà été thématiqué dans notre réponse à la question élargie n° 76 du 1<sup>er</sup> février 2021 de l'honorable Député Léon Gloden.

Ensuite, en amont de la question 4, il faut préciser que le profil des auteurs de faits de vols avec violences ne coïncide souvent pas avec le fait que l'auteur soit mineur. Ceci a déjà été thématiqué dans notre réponse à la question parlementaire n° 4211 du 4 mai 2021 de l'honorable Député Fred Keup.

ad 1) Les bases de données policières ne permettent pas de déterminer si une infraction revêt un caractère public ou non. Néanmoins, afin de fournir une réponse adaptée à la question des honorables Députés, la Police grand-ducale a procédé à une analyse des statistiques de vols avec violences avec menaces et/ou armes commis par des mineurs.

La police a ensuite comparé le nombre d'auteurs mineurs identifiés de vols avec violences avec menaces et/ou armes et ce pour les trois dernières années, afin d'obtenir des données significatives et fiables.





De cette analyse, il apparaît que le nombre total d'auteurs mineurs identifiés a augmenté de 50 % en 2021 par rapport à 2019. Il faut cependant aussi considérer que le nombre d'auteurs majeurs identifiés pour le même type d'infractions a également augmenté de 48 % durant la même période.

Au vu de ces chiffres, il est indéniable que le nombre d'auteurs mineurs est en recrudescence, hormis pour l'année 2020, pendant laquelle, en raison des différentes mesures appliquées afin d'endiguer la pandémie de Covid-19 (état d'urgence, couvre-feu, etc.), il y a eu nettement moins d'infractions de ce type.

ad 2) Nonobstant le fait qu'une partie de ces infractions soient commises par des mineurs, il s'agit tout d'abord d'une question d'ordre public. Comme expliqué en détail dans la réponse à la question parlementaire n° 5684 du 4 février 2022 de l'honorable Député Fernand Kartheiser, une des prérogatives de la réforme de 2018 de la police consiste à permettre à la police d'adapter continuellement et rapidement ses dispositifs et mesures, afin d'endiguer le plus rapidement possible tout phénomène ayant un impact sur l'ordre public.

Par ailleurs, depuis janvier 2022, les unités de police devant supporter une charge de travail plus conséquente par rapport à la moyenne, ont été renforcées en personnel.

Bien qu'il ne constitue pas une solution à court terme, il convient également de mentionner l'avant-projet de loi portant introduction d'un droit pénal pour mineurs, en cours d'élaboration, lequel prévoit une véritable procédure pénale adaptée aux mineurs ayant commis une infraction pénale ainsi que différentes sanctions et mesures accordant une place importante à la resocialisation et à l'éducation du mineur.

ad 3) Si le mineur en question est identifié par les autorités policières et judiciaires comme victime de la traite des êtres humains, quel que soit notamment son sexe, son âge et son origine, il a droit à une assistance soutenant son rétablissement physique, psychique et social. La prise en charge psychosociale des victimes, majeures et mineures, est assurée par le nouvel espace commun d'assistance « Infotraite », mis en place par le Service d'assistance aux victimes de la traite des êtres humains (SAVTEH) et le Centre Ozanam - traite des êtres humains (COTEH) conventionnés avec le Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes.

La prise en charge globale des victimes vise, à part la stabilisation psycho-sociale de la victime, aussi l'accompagnement des personnes concernées dans leurs démarches administratives et le développement d'un projet de vie favorisant leur intégration sociale. Dans le cas de victimes mineures, cette assistance est étroitement coordonnée avec les responsables des structures d'accueil pour mineurs chargés du logement des victimes et de leur encadrement quotidien.

Une telle prise en charge complète favorise leur intégration sociétale et peut ainsi aider à prévenir que ces jeunes retombent dans leurs anciens travers et qu'ils rejoignent des réseaux criminels.

Même lorsqu'un mineur n'est pas formellement identifié comme victime de la traite des êtres humains mais a néanmoins besoin de protection, il peut bénéficier de l'assistance des services d'aide et de soutien généraux.

Si une procédure judiciaire est ouverte auprès du tribunal de la jeunesse, des placements dans des institutions adéquates peuvent également être ordonnés.

ad 4) Hormis un dossier en relation avec la traite des humains et dont la synthèse vient d'être transmise aux autorités judiciaires, la police n'a à l'heure actuelle pas connaissance de tels agissements sur le territoire national. La police ne dispose donc pas d'éléments permettant d'affirmer que des délinquants mineurs soient systématiquement victimes de traite des humains.

Il convient de mentionner qu'en ce qui concerne de manière générale la lutte contre la traite des êtres humains, le démantèlement des réseaux criminels est l'une des préoccupations premières du Luxembourg.

**Question 5753** (11.02.2022) de **Mmes Nathalie Oberweis** et **Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*) concernant l'**instance de conciliation indépendante pour le secteur de la santé et des soins** :

Conformément à ce qui est prévu par la loi du 24 juillet 2014 relative aux droits et obligations du patient, un « Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé » a été instauré. Cependant, ce service important par ailleurs qui est un service étatique indépendant ne remplit pas la fonction qu'on prête à une instance de conciliation neutre saisissable pour des litiges entre prestataires de santé et patient.e.s qui per-

mette d'éviter le parcours plus long et laborieux qui constitue la médiation à l'heure actuelle, ceci grâce à une collaboration avec une chambre d'experts.

En effet, avant de porter plainte, le patient peut faire appel au Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé, muni des preuves permettant de statuer le tort qui lui aurait été fait. Si le médiateur de la santé ne parvient pas à une solution à l'amiable entre les partis opposés, le patient peut porter sa plainte alternativement devant le directeur de la santé, le Collège médical et/ou la Commission de surveillance auprès de la caisse nationale de santé. Il peut aussi agir en justice devant les juridictions sociales contre toute décision prise par les organismes de la sécurité sociale. En toute dernière instance, s'il ne se satisfait pas des décisions des tribunaux sociaux, son affaire est portée devant la Cour de cassation.

Or, comme nous l'avons indiqué plus haut, une instance de conciliation indépendante aura pour objectif d'éviter ce parcours laborieux et d'empêcher à tout prix le passage du litige devant les tribunaux de justice. Une tentative de création d'une telle instance avait été ébauchée en 2005 dans le cadre d'un groupe de travail réunissant entre autres le Ministère de la Santé, le Collège médical et la Patiente Vertriebung. Il se trouve que ce projet n'a jamais abouti, notamment faute d'un accord entre les différents acteurs du domaine de la santé sur la conception et le fonctionnement de la Commission de conciliation.

En l'occurrence, une telle instance existe depuis 40 ans en Allemagne. Il s'agit des « Gutachterkommissionen und Schlichtungsstellen bei den Ärztekammern ». Le Code civil allemand définit également la nature d'une erreur de diagnostic et le droit du patient de faire vérifier le diagnostic par la Schlichtungsstelle (Bürgerliches Gesetzbuch (BGB) § 630h Beweislast bei Haftung für Behandlungs- und Aufklärungsfehler).

Actuellement, au Luxembourg il n'existe pas de définition légale d'une erreur de diagnostic, comme Madame la Ministre nous l'a indiqué dans sa réponse à ma question parlementaire n° 4639. Ceci nous semble toujours problématique, car dans le contexte d'un litige opposant le patient au prestataire de soins, le patient estimant qu'il a été victime d'une erreur thérapeutique et/ou de diagnostic ne pourrait guère obtenir droit de cause, si une définition de l'erreur fait défaut. Par ailleurs, une déclaration d'un aléa thérapeutique par le prestataire pourrait suffire pour lever le litige, excluant toute possibilité d'erreur de diagnostic et/ou médicale.

Partant, nous voudrions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé ainsi qu'à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Madame et Monsieur les Ministres sont-ils prêts à reprendre les travaux en vertu de la création d'une instance de conciliation qui s'appuie sur des définitions claires de l'erreur thérapeutique et de diagnostic ?

2) Dans la négative, pourriez-vous nous expliquer votre positionnement ?

3) Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils nous dire si les plaintes déposées auprès des responsables receveurs de plaintes dans les hôpitaux publics, ainsi qu'auprès du médiateur de la santé et des juridictions sociales, sont régulièrement soumises à une évaluation et comptabilisation annuelle ? Ces données sont-elles regroupées et centralisées auprès du Ministère de la Santé ?

4) Dans la négative, une telle démarche est-elle envisageable par Madame et Monsieur les Ministres, notamment afin d'identifier d'éventuels abus chez les prestataires de soins et pour mieux adapter les services de soins et de santé aux impératifs de qualité de la santé publique et de protection du patient ?

5) Dans l'affirmative à notre troisième question, pourriez-vous nous détailler pour chaque hôpital public disposant d'un service de réception de plaintes :

- le nombre total de plaintes déposées chaque année au cours des cinq dernières années ;
- le motif des plaintes les plus fréquemment déposées chaque année au cours des cinq dernières années.

6) De même, si vous disposez des données en question, veuillez nous renseigner pour le médiateur de la santé sur :

- le nombre total de plaintes déposées chaque année au cours des cinq dernières années ;
- le motif des plaintes les plus fréquemment déposées chaque année au cours des cinq dernières années.

7) Toujours dans l'affirmative à notre troisième question, pourriez-vous nous indiquer pour les juridictions sociales :

- le nombre total de plaintes déposées chaque année au cours des cinq dernières années ;

- le motif des plaintes les plus fréquemment déposées chaque année au cours des cinq dernières années.

8) Sur le total des plaintes réceptionnées chaque année, combien sont déclarées recevables et combien sont déclarées sans suite ?

9) Enfin, nous aimerions savoir quelles sont les sanctions encourues le plus fréquemment par les prestataires de santé ? Combien de sanctions envers des prestataires de soins et de santé ont été prononcées chaque année au cours des cinq dernières années ?

10) Les hôpitaux sont-ils contraints de rendre publiquement compte de ces plaintes et de leurs motifs ainsi que des jugements les concernant ?

**Réponse commune** (15.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1) + 2) Les recours portés devant le conseil d'administration de la Caisse nationale de santé (CNS) ou la Commission de surveillance en matière d'assurance maladie concernent principalement des litiges relatifs aux taux et tarifs. Il s'agit entre autres de litiges concernant le non-remboursement par la CNS de certaines prestations, les tarifs en application des nomenclatures ou des conventions ou le dépassement de tarifs par un prestataire.

Partant, des recours concernant une erreur thérapeutique ou de diagnostic ne peuvent pas être portés devant le conseil d'administration de la CNS ou la Commission de surveillance. En outre, la Commission de surveillance est une institution indépendante qui est instituée auprès du ministre ayant dans ses attributions la Sécurité sociale. Elle n'est pas rattachée à la Caisse nationale de santé.

En ce qui concerne la proposition des honorables Députées, les ministres se permettent de renvoyer à la réponse qu'ils ont donné à la question parlementaire n° 5627 concernant l'état d'avancement des travaux sur un fonds d'indemnisation de l'aléa thérapeutique.

ad 3) Le Ministère de la Santé traite les plaintes, doléances et réclamations émanant de patients ou de leur entourage et qui concernent le fonctionnement d'un service hospitalier ou la prise en charge d'un médecin exerçant en milieu hospitalier et qui ont été adressées directement au Ministère de la Santé. La majorité des plaintes traitées par le ministère parvient directement au Ministère de la Santé. Dans certains cas, le plaignant s'adresse à l'établissement hospitalier en cause et envoie une copie de son courrier pour information au Ministère de la Santé.

Le Ministère de la Santé n'a pas connaissance des plaintes qui sont uniquement envoyées aux hôpitaux.

Le Ministère de la Santé tient un relevé annuel des plaintes qui lui sont parvenues et qui fait état de la nature, du motif et de l'objet de la réclamation et qui renseigne sur la suite y réservée. Il est procédé à une classification des plaintes selon leur degré de gravité en distinguant entre les catégories suivantes :

- Catégorie 1 : Décès, cas graves et événements indésirables.
- Catégorie 2 : Déficience du système de santé (manquement général ou fonctionnement défectueux d'un service hospitalier).
- Catégorie 3 : Organisation interne, délai et prise en charge par les médecins et professionnels de santé, etc.

La quasi-totalité des plaintes, en moyenne 50 par an, relève de la catégorie 3. De 2017 à 2021, le ministère a été saisi de trois cas de la catégorie 2 et de trois cas de la catégorie 1.

Les plaintes de la troisième catégorie ont souvent comme objet le délai d'attente pour un examen en plateau médico-technique ou à un service d'urgences. En 2020 et 2021, les doléances portaient majoritairement sur la déprogrammation d'interventions chirurgicales due au Covid-19 et les restrictions de visites y relatives.

ad 4) En sus des éléments précités, la loi du 24 juillet 2014 relative aux droits et obligations du patient prévoit que le service du médiateur de la santé établit un bilan de son activité au sein de son rapport d'activité. Ce rapport comporte des chiffres, reprend les principales difficultés rencontrées et peut contenir des recommandations. Les rapports sont disponibles en ligne ([www.mediateursante.lu](http://www.mediateursante.lu)).

Le service du médiateur de la santé vient de dresser le bilan chiffré de l'année 2021 en vue de la rédaction de son rapport d'activité 2021. Il a revu à cette occasion la façon de recenser et de présenter ses activités au sein du rapport annuel et entend poursuivre ses réflexions afin de mettre à l'avenir à disposition des informations à la fois plus lisibles et plus détaillées.

ad 5) Le nombre des plaintes déposées chaque année varie par hôpital entre 100 et 350 par an. D'une manière générale, il peut être constaté que leur

nombre a constamment augmenté depuis 2017, ce qui est toutefois peu surprenant au vu de l'évolution de l'activité qui s'accroît également d'une manière plus ou moins constante, sauf pour les années 2020 et 2021 où les chiffres ont diminué en raison de la déprogrammation liée au Covid-19.

Le motif des plaintes les plus fréquemment déposées sont :

- la communication et la relation avec un professionnel de santé ;
- le délai de prise en charge ;
- l'organisation de la prise de RDV ;
- les conditions d'accès/de visites/de permission en période Covid-19.

ad 6) Il y a lieu de distinguer les sollicitations dans le cadre de la mission d'information et d'accès au droit du service de sa mission de médiation. À titre d'exemple, en 2021, le service a été sollicité environ 130 fois par e-mail dans le cadre de sa mission d'information et d'accès au droit. Il s'ajoute à cela les demandes d'information par téléphone qui n'ont pas été recensées.

Concernant le volet médiation et plainte, le service du médiateur de la santé a réceptionné 107 demandes en 2017, 125 en 2018, 131 en 2019, 101 en 2020 et 114 en 2021, soit 578 dossiers sur cinq ans.

La demande initiale provient en règle générale du patient, parfois du prestataire ou est faite ensemble par les parties au différend. Dans plus de 90 % de ces 578 dossiers, il y a un (ou plusieurs) entretien(s) préalable(s) avec au moins une des parties (patient ou prestataire).

Cette phase d'échange préalable (prémédiation) permet d'être à l'écoute, de discuter le contexte de la plainte/demande de médiation, d'entendre les attentes, d'expliquer le fonctionnement de la médiation et, le cas échéant, de guider vers d'autres voies.

Après cette phase, les patients se sentent souvent mieux écoutés, informés et apaisés. Ils décident alors parfois de ne pas poursuivre avec leur réclamation, respectivement plainte, ou de rechercher dans un premier temps le dialogue direct avec le professionnel de santé. Parfois le patient se rend compte qu'il cherche plutôt une instance de jugement ou de sanction, dans ce cas le service informe sur les instances compétentes. Dans d'autres cas le patient est réorienté vers une autre instance compétente, notamment l'Ombudsman.

Ainsi, pour l'année 2021, sur les 114 dossiers ouverts, 38 dossiers ont abouti à un processus de médiation directe (6 dossiers) ou indirecte (32 dossiers). 20 de ces dossiers concernaient une prise en charge en milieu hospitalier. Un accord a été trouvé dans 19 des 38 dossiers (15 accords et 4 accords partiels). Il y a eu absence d'accord dans 13 dossiers. 6 dossiers restaient en cours.

Sur les 578 dossiers de la période 2017-2021, environ 40 % concernent le milieu hospitalier, 35 % l'activité médicale en milieu extrahospitalier (dont plus de 75 % la médecine dentaire) et 25 % d'autres difficultés (long séjour, laboratoire, kinésithérapie, pharmacie, etc.).

Le service du médiateur de la santé ne dispose pas de données chiffrées sur les motifs des plaintes. Il convient de souligner qu'une plainte résulte fréquemment d'un ensemble d'éléments et de motivations.

La dimension humaine de la relation de soins est le plus souvent au cœur de la plainte. Le motif premier des sollicitations concerne des difficultés de communication, de comportement et d'association du patient à la prise en charge : respect mutuel et comportement humain ; temps d'écoute et d'échange ; information sur l'état de santé ; prise de décision/consentement ; etc.

La qualité technique de la prise en charge (respect des bonnes pratiques et des données acquises de la science) vient en second lieu, fréquemment associée à une difficulté au niveau humain. La qualité technique constitue la raison principale des plaintes au niveau de la médecine dentaire.

La troisième raison la plus fréquente de saisir le service du médiateur de la santé concerne des difficultés d'accès au dossier patient (refus / lenteur à remettre un dossier patient ; dossier incomplet ; difficulté à connaître ou à joindre le détenteur actuel du dossier patient).

Ensuite, viennent un nombre d'autres motifs de plainte. En 2021, le service a noté un nombre accru de plaintes et de demandes d'informations en rapport avec l'application par les prestataires des dispositions régissant la prise en charge financière des actes (accord préalable non demandé en temps utile ; dépassements des tarifs officiels ; convenances personnelles ; etc.).

ad 7) Le conseil d'administration de la CNS, la Commission de surveillance et les juridictions sociales ne sont pas compétentes pour trancher les litiges relatifs aux erreurs thérapeutiques ou de diagnostic.





ad 8) Le Ministère de la Santé traite en général toutes les plaintes qui lui parviennent, soit par une réponse informative, soit en demandant de plus amples renseignements auprès de l'hôpital ou du médecin concerné. Les réclamations qui se rapportent plutôt à la prise en charge par un médecin agréé ou qui ont trait à des sujets de déontologie sont transmises au Collège médical pour prise de position. Enfin, les courriers soulevant des questions relatives aux droits et devoirs des patients sont en principe transmis au Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé.

Les hôpitaux ont déclaré que toutes les plaintes reçues ont été recevables et ont donné lieu à une réponse.

ad 9) Les juridictions compétentes rendent public les jugements respectifs.

ad 10) La loi hospitalière de 2018 impose en son article 40 que dans chaque établissement hospitalier, l'organisme gestionnaire doit mettre en place un mécanisme de traitement et de ventilation des suggestions, doléances et plaintes lui adressées. Cependant, l'établissement n'est pas tenu de rendre le nombre de plaintes public.

**Question 5754** (11.02.2022) de **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*) concernant l'allocation de vie chère :

Le règlement du Gouvernement en conseil du 8 novembre 2019 relatif à l'octroi d'une allocation de vie chère au titre de l'année 2020, prévoit un délai d'introduction des demandes pour l'obtention de l'allocation de vie chère (AVC) qui s'étend entre le 1<sup>er</sup> janvier 2020 et le 30 septembre 2020. Ce délai a également été reconduit pour l'année 2021 ainsi que pour l'année 2022.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Famille :

1) Combien de demandes d'AVC ont été enregistrées respectivement en 2020, 2021 ?

2) Pour toutes les années successives de 2020 à 2021, combien de demandes ont été introduites une fois ce délai dépassé ?

3) Combien de demandes ont été refusées pour dépassement de ce délai ?

4) Madame la Ministre est-elle prête à annuler les délais d'introduction des demandes pour l'allocation de vie chère pour les prochaines années à venir ? Dans la négative veuillez expliquer votre décision ?

Le règlement du Gouvernement en conseil du 19 novembre 2021 relatif à l'octroi d'une allocation de vie chère au titre de l'année 2022 prévoit une augmentation de l'allocation de vie chère à hauteur de 200 euros. Cependant le règlement en question ne prévoit pas d'augmenter les limites de revenu afin d'élargir le groupe des communautés domestiques éligibles pour ladite allocation. Ces limites se situent actuellement autour de 2.259 euros par mois pour une personne seule, plus 1.129 euros pour la deuxième personne, dans la mesure où le règlement en question détermine le revenu annuel global à ne pas dépasser pour une personne seule à 3.168 euros et en considérant la cote d'application actuellement en vigueur.

D'après la simulation du revenu disponible des ménages au Luxembourg, telle qu'elle a été faite dans le cadre d'une étude publiée en février 2022 de l'Observatoire de l'habitat (La Note 30) commanditée par le Gouvernement, le niveau de vie maximum des 20 % des ménages les moins aisés est de 2.236 euros par mois. Il correspond à 2.236 euros de revenu disponible par mois pour un adulte seul et à 2.907 euros de revenu disponible par mois pour un adulte avec un enfant. Ainsi, au moins 1/5 des ménages au Luxembourg serait éligible pour l'obtention de l'allocation de vie chère dans les conditions actuelles.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Famille :

1) Quel est le nombre de demandes pour l'obtention de l'AVC introduites depuis le premier janvier 2022 ?

2) Combien de demandes ont été déclarées non éligibles en fonction du revenu en 2020, 2021 et 2022 ?

3) Madame la Ministre peut-elle m'indiquer combien de ménages au total seraient actuellement éligibles en fonction du revenu pour l'obtention de l'allocation de vie chère sans avoir nécessairement fait une demande d'obtention de l'allocation en question ? Dans la négative, Madame la Ministre serait-elle disposée à commanditer une enquête sur le sujet ?

4) Quel est le coût total des dépenses publiques associées à l'allocation de vie chère depuis son introduction ?

**Réponse** (11.03.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration* :

Concernant le nombre de demandes en vue de l'attribution d'une allocation de vie chère au titre des années 2020 et 2021, le tableau ci-dessous renseigne sur le nombre de demandes reçues dans les délais, le nombre de demandes reçues hors délai et le nombre de refus pour cause de non-respect du délai.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

La majorité des demandes sont introduites au début de l'année et la clôture de dépôt des demandes au 30 septembre permet au FNS de traiter l'ensemble des dossiers endéans l'année pour laquelle l'allocation de vie chère est demandée. Il a aussi été constaté que le taux d'éligibilité des demandes faites en début d'année est plus élevé que celui des demandes faites juste avant la date limite du 30 septembre. En conséquence, une annulation de la date limite d'introduction des demandes n'est actuellement pas à l'ordre du jour.

Concernant le nombre de demandes en obtention d'une allocation de vie chère au titre de l'année 2022, le FNS a été saisi de 19.673 demandes au 9 mars 2022.

Quant au nombre de demandes refusées en application de l'article 2 (1) c) du règlement du Gouvernement en conseil (dépassement des limites de revenus), celles-ci se répartissent comme suit :

Année 2020 : 4.746 demandes refusées pour dépassement des limites de revenus

Année 2021 : 4.520 demandes refusées pour dépassement des limites de revenus

Année 2022 : 262 demandes refusées pour dépassement des limites de revenus sur les 4.020 demandes traitées au 9 mars 2022

Le FNS n'a pas connaissance du nombre de ménages n'ayant pas recours à l'allocation de vie chère. Une éventuelle étude sur le « non-recours à l'allocation de vie chère » a été évoquée avec l'Inspection de la sécurité sociale.

Le coût annuel de l'allocation de vie chère ainsi que le coût total sont repris dans le tableau ci-dessous :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

**Question 5755** (11.02.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant les effets de l'interdiction du glyphosate :

Glyphosathaltig Pflanzenschutzmittel sinn zu Lëtzebuerg scho säit dem 1. Januar 2021 verbueden. Schonns dat Joer virdrun hatten 72 Biobauern a 727 konventionell Betriber op de Glyphosat verzicht. Dëse Pestizid baut sech relativ schnell of an ass net méi bei der Recolte vun där jeeeweileger Kultur am selwechte Joer erëmzefannen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass no engem Joer Verbuet vum Glyphosat scho feststellen, ob dëst en Afloss huet op eis lokal Biodiversitéit, souwuel wat d'Uewerflächplanzenkulturen ugeet ewéi och am Drénkwaasser?

2. Am Joer 2019/2020 goufe bei fräiwëllegem Verzicht op Glyphosat d'Landschaftsflegprimm pro Joer op 30 € / Ha beim Akerland erhéicht, op 50 € / Ha am Wäibau an op 100 € / Ha beim Uebstbau. Wéi vill u Primme goufen an dësem Zäitraum ausbezult an op wéi vill Betriber - opgeschlëselt no deenen eenzele landwirtschaftleche Secteuren - deelen dës sech op?

3. Am Joer 2021 war och eng Primm virgesinn, fir eventuell Ertragsausfäll duerch de Verzicht vu Glyphosat auszegläichen. Kann d'Regierung d'Zomm vun dësen ausbezulte Primmen oplëschten - och opgeschlëselt jee no landwirtschaftlechem Secteur?

4. Als Alternativ zum Benotze vum Glyphosat an der Landwirtschaft finanzéiert de Landwirtschaftsministerium eenzel Fuerschungsprojeten. Kann d'Regierung oplëschten, wéi vill Projeten hei konkret ënnerstëtzt goufen a wéi héich d'Gesamtzomm vun dësen Engagementer war?

5. Goufen am leschte Joer Kontrollen zum Glyphosatverbuet duerchgefuert? Wa jo, wéi eng Erkenntnisser hunn sech aus deene Kontrollen erginn? Kann d'Regierung an deem Kontext opschlëselen, wéi héich d'Gesamtzomm vun den eventuell ausbezulte Strofe war?

**Réponse commune** (15.03.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*, et de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. Openthaltssäite vu Schuedstoffer am Grundwaasser kënnen an der Moyenne 20 Joer erreechen.

Openthaltssäiten am Stauséi si weesentlech manner laang, mee kënnen awer méi wéi ee Joer erreechen. Dofir ass eng signifikant Ausso betreffend den Afloss vum Verbuet vu Glyphosat op d'Drénkwaasserqualitéit ee Joer nom Verbuet net méiglech. Mëttelfristeg wäert dëse Verbuet awer d'Qualitéit vum Drénkwaasser sécherlech verbesseren. Fir d'Drénkwaasserqualitéit ze garantéieren ass et indispensable, nohalteg mat sämtleche Pflanzeschutzmittel ëmzegoen an esou wäit wéi méiglech dorobber ze verzichten. An deene verschiddenen Drénkwaasser-schutzzone sti landwirtschaftlech Beroder an Drénkwaasseranimateuren der Landwirtschaft zur Verfügung, fir landwirtschaftlech Methoden unzewenden, déi eng gutt Waasserqualitéit garantéieren.

ad 2. Dës fräiwëlleg Optioun gouf am Kader vun der Erneuerung vum Landschaftsfleegeprimm-Engagement mat ugebueden an an der Landschaftsfleegeprimm 2020 mat ausbezult.

Folgend Montante bezéien sech reng op d'Entscheidungeng fir de Verzicht op Glyphosat:

Programm Landwirtschaft: 810.000 EUR - ausbezult u 710 Betriber

Programm Uebstbau: 4.000 EUR - ausbezult u 26 Betriber

Am Wäibau war d'Uwendung vum Wirkstoff Glyphosat scho komplett fir all Wénzerbetriber, déi sech an der Landschaftsfleegeprimm engagéieren, ab dem Kulturjoer 2019/2020 verbueden.

Programm Wäibau: 52.000 EUR - ausbezult un 157 Betriber

ad 3. Ab dem 1. Januar 2021 ass den Asaz vu Glyphosat iwwert Baseline verbueden an net méi méiglech ze entschiedegen.

Am Joer 2021 huet d'Primmenareal net geännert. Et si keng nei Primme bäikomm.

Fir d'Kulturjoer 2020/2021 gouf reng de Montant vun der Ausgläichszoulag fir benodeelegt Gebitter ëm 15 Euro eropgesat. No 20 Joer ouni Verännerung huet den Ausbezuelungstaux net méi de Käschtpunkten am landwirtschaftleche Secteur entsprach.

ad 4. Tëscht de Joren 2018 an 2021 huet de Landwirtschaftsministerium zwee Fuerschungsprojete finanzéiert, iwwert déi Alternativen zum Glyphosat-asaz getest gi sinn.

Beim Projet „Identifizierung und Entwicklung von Alternativen zum Glyphosat“, gefouert vun der Landwirtschaftskummer an dem „Luxemburg Institute of Science and Technology“, goufen iwwer dräi Joer Versich gemaach, fir Alternativen zum Glyphosat-asaz an der Landwirtschaft ënner Praxisbedéngungen ze préiwen, an zousätzlech dës mat enger sozioökonomescher Bewäertung ze analyséieren. D'Gesamtkäschte vun dësem Projet belafen sech op 359.494 €.

D'Landwirtschaftskummer huet zousätzlech am Joer 2018 e Feldversuch geleet, wou et dorëms gaangen ass, den Impakt vum Émbroch vum Feldfudder ouni Glyphosatasaz ze testen. Gesamtkäschte vum Projet ware 14.090 €.

ad 5. D'Unité de contrôle vum Service d'économie rurale kontrolléiert am Kader vu reguläre Stéchprouffkontrollen am Zesummenhang mat der Cross-Compliance, ob landwirtschaftlech Betriber déi entspriechend europäesch an national Virschreften anhalen. 2020 goufen esou 35 landwirtschaftlech Betriber kontrolléiert, déi ënnert der Landschaftsfleegeprimm fräiwëlleg op d'Uwendung vu Glyphosat verzichten hunn. Et gouf kee Verstouss festgestallt. 2021 goufen 20 landwirtschaftlech Betriber speziell am Kontrollberäich „Sprézmëttel“ kontrolléiert. Bei dësen an och anere Kontrolle gouf kee Verstouss a Verbindung mat Glyphosat festgestallt.

D'Administration des services techniques de l'agriculture kontrolléiert an Zesummenaarbecht mat der Administration des douanes et accises d'Händler vu Sprézmëttel. Zënter dem 30. Juni 2020 ass d'Mise sur le marché vu glyphosathaltege Sprézmëttel zu Lëtzebuerg verbueden. Zënterhier goufen 33 Kontrolle bei Händler vu professionellen an net professionnelle Sprézmëttel duerchgefuert. An engem Fall gouf e Verstouss festgestallt, et kount net zu enger finanzieller Strof.

**Question 5757** (14.02.2022) de **MM. Mars Di Bartolomeo** et **Dan Kersch** (*LSAP*) concernant la séparation entre l'État et les Églises :

En 2015 furent conclus les accords en vue d'une réforme des relations entre l'État et les communautés religieuses (séparation entre l'État et les Églises) et du financement des cultes. Cette réforme se trouvera confirmée dans les textes de révision de notre Constitution.

Nous aimerions dès lors savoir de Monsieur le Ministre des Cultes quel a été le bilan à ce jour concernant :

- les moyens budgétaires mis à disposition des cultes ;

- le nombre de prêtres ancien régime et nouveau régime ;  
- le statut des édifices religieux (propriété du Fonds de gestion des édifices religieux, propriété des communes, édifices désacralisés) ;  
- l'évolution du nombre des jeunes inscrits aux cours de catéchèse (enseignement religieux) en paroisse.

**Réponse commune** (15.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Cultes*, et de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur* :

Il est signalé, à titre liminaire, que les lois respectives ayant transposé les conventions avec les communautés religieuses sont entrées en vigueur le 1<sup>er</sup> septembre 2016. Dans la mesure où ce fait juridique est pertinent pour la réponse à la question parlementaire, ladite date est prise comme point de basculement entre les modalités appliquées aux cultes avant la réforme (ancien régime) et celles appliquées après la réforme (nouveau régime). Il convient également de souligner que les ministres du culte ayant été engagés avant cette date continuent d'être rémunérés d'après les modalités d'avant la réforme (régime transitoire).

Concernant les moyens budgétaires mis à disposition des communautés religieuses, les montants suivants ressortent des lois portant règlement du compte général des exercices de 2017 à 2020 :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

L'exercice 2016 n'a pas été pris en compte, comme il se trouve à cheval entre les deux régimes et risquerait donc de biaiser les chiffres renseignés ci-dessus.

En ce qui concerne l'exercice 2021, la rémunération des ministres du culte s'élève provisoirement à 24.556.725,91 €. Il est souligné que l'exercice budgétaire 2021 n'est pas encore clôturé.

Il est également rappelé que les variations des montants d'une année à l'autre peuvent être expliquées soit par les différentes tranches indiciaires, soit par l'impact que les changements des situations personnelles des ministres du culte tombant sous le régime transitoire peuvent avoir sur les traitements perçus.

Concernant le nombre de « prêtres ancien régime », il est supposé qu'il est fait référence aux ministres du culte percevant un traitement directement du trésor public, c'est-à-dire les ministres du culte soumis au régime transitoire. Ces chiffres peuvent être résumés comme suit :

au 31 août 2016 : 270 ministres du culte (249,25 ETP),  
au 8 mars 2022 : 199 ministres du culte (185,55 ETP).

L'État ne dispose cependant pas d'informations sur le nombre d'employés « nouveau régime » des différentes communautés religieuses.

Concernant le statut des édifices religieux, il est rappelé que la question de la propriété des édifices religieux est réglée par la loi du 13 février 2018 sur la gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique, ainsi que sur l'interdiction du financement des cultes par les communes. L'annexe II de la loi précitée fixe comme propriétaire d'un édifice religieux soit la commune territorialement compétente ou bien le Fonds de gestion créé en vertu des dispositions du chapitre 1<sup>er</sup> de la loi prémentionnée du 13 février 2018.

Parmi les 493 édifices religieux repris à l'annexe II, 356 édifices font partie de la propriété des communes et 137 édifices appartiennent au Fonds de gestion.

Une commune propriétaire d'un édifice religieux peut obtenir le dégrèvement de la destination culturelle de l'édifice. La procédure de dégrèvement est plus amplement décrite à l'article 11, alinéas 2 et 3 de la loi précitée du 13 février 2018.

Étant donné que les décisions portant dégrèvement d'un édifice religieux faisant partie de la propriété d'une commune ne sont pas sujettes à approbation par le Ministre de l'Intérieur et que la cession d'immeubles par une commune n'est soumise à approbation que si la valeur en dépasse 50.000 €, le Ministère de l'Intérieur ne dispose pas de données statistiques sur les dégrèvements et les cessions opérées par les communes.

Concernant finalement l'évolution du nombre de jeunes inscrits aux cours de catéchèse en paroisse, il est signalé que l'État ne dispose pas de ces informations étant donné qu'il s'agit d'une activité privée.

**Question 5758** (14.02.2022) de **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*) concernant les remboursements tardifs de la Caisse nationale de santé :

Selon des informations provenant directement de la part d'assurés, les remboursements de la CNS auraient accumulé un retard considérable pouvant





aller jusqu'à deux mois. Cette situation perdurerait depuis un certain temps. Certains assurés se déplaçant directement au guichet de la CNS pour obtenir un remboursement immédiat n'auraient pas pu être servis à cause de problèmes organisationnels, apparemment liés à un manque de personnel.

Partant, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Monsieur le Ministre est-il au courant que la CNS accumule depuis un moment des retards de remboursement outre mesure ?

2) Dans l'affirmative, ces retards seraient-ils effectivement liés à un manque de personnel pour assurer le service de remboursement de la CNS ?

3) Monsieur le Ministre est-il prêt à appliquer des mesures d'urgence pour assurer la continuité des services de remboursements immédiats de montants dépassant les 100 euros ?

4) Monsieur le Ministre peut-il me dire si et de quelle manière le dispositif du tiers payant social reste garanti, même en cas de problèmes organisationnels au sein de la CNS ?

5) Monsieur le Ministre peut-il me renseigner sur l'avancée des travaux concernant le paiement immédiat direct ?

**Réponse** (15.03.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1) La situation du département « Prestations en nature maladie-maternité » de la CNS (ci-après le « département PN ») en charge du remboursement des prestations de soins de santé n'a pas changé depuis la dernière question parlementaire n° 4069 du 13 avril 2021 relative au délai de remboursement CNS.

Depuis quelques semaines, le nombre de boîtes contenant les demandes de remboursement s'élève à 220. Leur nombre s'élevait à 70 avant cette période, étant donné que la priorité absolue du département PN et du département « Relation assurés » a été mise sur la réduction des retards accumulés.

Ainsi le délai de traitement des factures s'élève actuellement à six semaines.

ad 2) En ce qui concerne les raisons à la base des retards de remboursement, il est renvoyé aux réponses aux questions parlementaires n° 3259 et n° 3344 du 7 décembre 2020 et n° 4069 du 13 avril 2021. Les raisons étant multiples, dont notamment une hausse des demandes (phénomène d'ailleurs saisonnier) ainsi qu'une réduction des effectifs liée d'une part à l'épidémie de la Covid-19 et d'autre part à des réaffectations internes liées à d'autres projets qui ont pour but de digitaliser la chaîne de prise en charge des mémoires d'honoraires des médecins et ainsi de réduire à terme les délais. S'y ajoute des problèmes de recrutement de personnel répondant aux qualifications spécifiques requises.

ad 3) Le remboursement par chèque dans les guichets de la CNS a toujours été possible. Il n'est d'ailleurs pas prévu de mettre fin à cette option offerte aux personnes protégées. D'ailleurs, en fonction des banques, il est prévu de mettre en place un système de virement direct, qui techniquement est déjà supporté par plusieurs banques, au lieu de remettre un chèque. Ainsi, le résultat serait le même mais les assurés n'auraient plus besoin de faire d'autres démarches relatives aux chèques.

ad 4) Le dispositif du tiers payant social reste garanti indépendamment des retards au niveau des remboursements pour les autres mémoires d'honoraires transmis par papier puisque ces retards n'ont pas d'impact sur le mécanisme du tiers payant social.

ad 5) Le paiement immédiat direct est certainement le projet digital le plus ambitieux de la CNS, parce qu'il ne se limite pas à un projet informatique interne, mais comprend également l'échange digital avec les professionnels de santé et le développement de tout un processus digital qui permet de déclencher un paiement immédiat de la part de la CNS pour les frais lui opposables. Tout doit fonctionner de manière immédiate, donc endéans quelques secondes.

En ce qui concerne le projet informatique interne de la CNS, il est complexe parce qu'il faut mettre en place un moteur de règles de dernière génération et il faut adapter et paramétrer les milliers de règles de la CNS qu'il faut appliquer de manière automatique pour pouvoir déterminer en quelques secondes la prise en charge de la CNS sans intervention humaine.

Le lancement opérationnel du paiement immédiat direct est prévu pour 2023 avec des phases tests qui auront lieu en amont du lancement.

**Question 5759** (14.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant les **doses de vaccins périmées** :

Den 22. November hat ech eng dréngend parlamentesch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister

gestallt (N° 5271), fir gewuer ze ginn, wéi vill Impfstoff, deen no um Oflassdatum ass, zu Lëtzebuerg nach am Stock ass. Trauregerweis hunn dunn iwwer 13.000 Dosen Enn November missen zerstéiert ginn. An de Wochebericht vum der Santé zur Unzuel un Impfungen aus de vergaangene Wochen zeechent sech of, dass ëmmer manner Impfdosisse verbraucht ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Gesondheet a Kooperatioun dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch eis d'Oflassdatumer grad ewéi déi verbleiwend Unzuel u Flacone vun all deene verschiddenen Impfstoffer ginn, déi Lëtzebuerg am Moment op Stock huet?

2. Hunn d'Santé an de Kooperatiounsministère méttlerweil ee Plang opgestallt, wéi Lëtzebuerg noutfalls séier Impfstoff un aner Länner weider ka ginn, falls sech sollt ofzeechnen, dass net all Flacon virum Oflassdatum benotzt gëtt?

**Réponse commune** (10.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Franz Fayot**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire* :

ad 1. De Gesondheetsministère referéiert sech op seng Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 5704 an där déi verbleiwend Flacone souwéi déi respektiv Verfallsdatumer opgelëscht sinn.

ad 2. Am Fall wou viruszegesinn ass, datt Impfflaconen net méi virun hirem Verfallsdatum kënnen genotzt ginn, setzt sech d'Division de la pharmacie et des médicaments vun der Gesondheidsdirektioun direkt mat der Kooperatiounsdirektioun vum Aussen- an Europaministère a Kontakt fir ze kucken, ob déi concernéiert Flaconen un Drëttstaate kéinte verdeelt ginn, déi bereet sinn se unzehuelen.

**Question 5761** (15.02.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant les **congés de maladie en rapport avec la vaccination contre la Covid-19** :

Säit gutt engem Joer ginn zu Lëtzebuerg Covid-impfungen offréiert. Vill Leit hunn déi gratis Offer ugeholl a sech impfe gelooss. Vun eventuellen Niewewirkungen ass net alles gewosst, ausser dat, wat mir vun der Pharmacovigilance matgedeelt kréien.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister fir déi sozial Sécherheet:

1. Ass am leschte Joer eng erhéichten Zuel u Krankmeldunge par rapport zu den dräi Joer virdru feststellen?

2. Ginn et Statistiken doriwwer, wéi vill vun dëse Krankmeldungen op d'Niewewirkunge vun der Impfung zrëckzeféiere sinn?

3. Wéi deelen sech d'Krankmeldungen an deene leschte véier Joer op no Krankheetsbiller?

**Réponse commune** (10.03.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Laut dem leschte Rapport vun der Generalinspektioun vun der sozialer Sécherheet (IGSS) iwwert den Absenteismus weinst Krankheetsfäll<sup>2</sup>, deen den 18. November 2021 vum Minister fir d'sozial Sécherheet der Press virgestallt gouf, ass den Absenteismustaux vun 3,83 % am Joer 2018 op 3,89 % am Joer 2019 geklommen (+1,6 %) an dono op 4,58 % am Joer 2020 (+17,8 %). Och wann d'Donnéeë vun 2021 nach net konsolidéiert sinn, schätzt d'IGSS datt den Absenteismustaux liicht op 4,40 % erfogoe wäert.

Wat den Ufank vum Joer 2022 ugeet, weisen déi provisoresch Donnéeë fir de Mount Januar e besonnesch héijen Absenteismus, wat deelweis erkläert gëtt duerch de Grad vun der Ustiechung vun der Omicron-Variant vum Virus Sars-CoV-2. Sou hu méi wéi 100.000 Aarbechter, also bal e Véierel vun allen Aarbechter, am Januar 2022 gefeelt, wat awer net ausschliisslech der Krankheet Covid-19 zouzeschreiwén ass. Den Absenteismustaux, deen doduerch entsteet, gëtt op 6,10 % geschat, a läit also no beim Rekordtaux, deen am Mäerz 2020 observéiert gouf (6,23 %). Zum Taux am Mäerz 2020 ass awer ze bemierken, datt deen Taux aus enger méi niddereger Unzuel u feelenden Aarbechter (80.000 feelend Aarbechter, dat heescht 20 % vun allen Aarbechter) besteet mee mat méi laangen Absenceperioden.

ad 2. D'Informationen, déi op de Krankeschäiner stinn, erlaben et net, eventuell Absencen ze identifizéieren, déi op Niewewirkunge vun der Impfung géint d'Covid-19 zrëckzeféiere sinn.

ad 3. Am Allgemenge bezéien sech d'Analysen, déi vun der IGSS gemaach gi fir ze kucken, duerch wéi eng medezinnesch Ursachen et zu Absencë kënn, just op Residentsaarbechter. Dëst kënn dohier, datt d'Majoritéit vun den auslännesche Krankeschäiner

keen Diagnoscode hunn, deen am Kader vun der Aarbechtsonfäegkeet benotzt gëtt, an de Grond fir de Krankheetsfall mat fräiem Text beschriwwé gëtt. De Rapport iwwert den Absenteismus weinst Krankheetsfäll, deen d'IGSS all Joer mécht, proposéiert systematesch fir d'Residenten, déi schaffen, eng Repartitioun vun den Absencendeeg no medezinnescher Ursach. D'Analys fir 2021 ass nach net verfügbar. Déi gëtt am Kader vun der Preparatioun vum nächste Rapport vun der IGSS realiséiert.

Am Joer 2020 sinn 11,3 % vun de Absencendeeg der Krankheet Covid-19 zouzeschreiwén. Vu datt dës Absencendeeg d'Gewichtung vun den anere medezinneschen Ursache mechanesch erofdrécken, ass hir Neutraliséierung néideg fir eng Analysen ze erméiglechen, fir kënnen Vergläicher ze maachen an esou eng Evolutioun am Absenteismus ze hunn tëschent 2018 an 2020 (Tabell N° 1).

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

No der Neutraliséierung vun den Absencendeeg am Zesummenhang mat der Covid-19, weist den Undeel vun den Absencendeeg verbonne, mat anere medezinneschen Ursachen, keng grouss Variatioun tëscht 2019 an 2020 op. D'Hauptännerunge bestinn aus enger Diminutioun vun der Gewichtung vun de „cures de convalescences“ no enger Operatioun an enger Erhéijung vun der Gewichtung vun der Kategorie „autres“ (eng Kategorie déi Absencen enthält, déi ënnert dem Numm „Aner Krankheeten“ gruppéiert sinn, souwéi déi eelef aner am mannste representéiert medezinnesch Ursachen).

Op der anerer Säit ginn et verschidden Tendenzen, déi am Joer 2019 constatéiert goufen an sech am Joer 2020 bestätegt hunn, sou wéi d'Erhéijung vun der Gewichtung vu Mental- a Verhalensstéierungen, eng Diminutioun vun der Gewichtung vun den Traumaen a schliisslech d'Gläichbleiwe vu Krankheete vum osteo-artikuläre System als déi medezinnesch Ursach, mat der gréisster Unzuel un Absencendeeg.

Allerdéngs, trotz der Neutraliséierung vun den Absencendeeg am Zesummenhang mat der Covid-19, muss d'Verdeelung vun der Unzuel un Absencendeeg no medezinnescher Ursache fir d'Joer 2020 mat Virsicht berécksichtegt ginn, well se nach ëmmer eng gewëssen Unzuel vun Effekter verstoppt, déi a verschidde Richtunge kënnen gräifen.

Tatsächlech sinn d'Absencendeeg betreffend d'Covid-19 ganz warscheinlech net perfekt saiséiert ginn, weinst der Änlechkeet vun de Symptomen vun dëser Krankheet zu deene vun der Gripp an den initiale limitéierten Testkapazitéiten, déi den Ufank vun der sanitärer Kris charakteriséiert hunn. Och d'Absencendeeg am Zesummenhang mat infektiiv a parasitäre Krankheete falen tatsächlech ënnert d'Absencendeeg betreffend d'Covid-19.

Wann d'Absencendeeg betreffend d'Covid-19 perfekt ageholl gi wieren, wier d'Gewichtung vun infektiiv a parasitäre Krankheete méi niddereg, wéi dat aus der viregter Tabell ervirgeet, während d'Gewichtung vun anere medezinneschen Ursache méi héich wier.

Dës nei Verdeelung géif awer keng hypotheetesche Situatioun ouni Gesondheetskris reflektéieren, well d'Gewichtung vun den infektiiv a parasitäre Krankheeten duerch d'Geste-barrière besonnesch niddereg wier am Verglach zu de Jore virdrun, während déi vun anere medezinneschen Ursachen als Konsequenz besonnesch héich wieren.

**Question 5763** (15.02.2022) de **Mme Josée Lorsché** et **M. Marc Hansen** (*déi gréng*) concernant la **prophylaxie préexposition VIH** :

Dans la lutte contre la propagation du VIH, la « Prophylaxie pré-exposition » (PrEP) représente un des principaux piliers de la prévention. La PrEP s'adresse plus particulièrement aux personnes qui ne sont pas atteintes du VIH et consiste à prendre un médicament afin d'éviter de se faire contaminer. Elle s'adresse entre autres aux hommes ayant des relations sexuelles avec des hommes, aux personnes transgenres ayant des relations sexuelles avec des hommes, aux usagers et usagères de drogues injectables et à toutes les autres personnes dont les partenaires sexuel\*les appartiennent à ces populations.

La prescription de la PrEP est soumise à un régime de contrôle préalable et de suivi très strict. En effet, les personnes concernées doivent réaliser des analyses régulières de dépistage du VIH, d'hépatites et d'autres maladies sexuellement transmissibles. De plus, en raison des effets indésirables potentiels, des contrôles par rapport à la fonction rénale doivent être effectués tous les trois mois.

La PrEP s'est avérée très efficace dans la lutte contre la propagation du VIH et a contribué à la baisse inédite des contaminations dans plusieurs ré-

gions du monde où elle a été déployée. À Paris, le nombre de nouveaux cas de VIH a en effet chuté de 16 % entre 2015 et 2018, la baisse étant encore plus importante chez les hommes ayant des relations sexuelles avec des hommes (- 22 %) et en particulier chez ceux nés en France (- 29 %).<sup>3</sup> L'efficacité de la PrEP est également confirmée par l'Agence nationale de recherches sur le sida et les hépatites virales (ANRS) en France.<sup>4</sup>

Dans son dernier rapport disponible<sup>5</sup> sur le site sante.lu, le Comité de surveillance du sida, des hépatites infectieuses et des maladies sexuellement transmissibles a retenu qu'entre août 2016 et mars 2020, 250 personnes ont débuté une PrEP, dont 235 personnes (82 %) qui sont toujours suivies au Service national des maladies infectieuses auprès du Centre hospitalier de Luxembourg (SNMI). Le Comité a conclu que « parmi ce groupe à haut risque, aucune nouvelle infection pour le VIH n'a été rapportée et de nombreuses autres IST ont pu être dépistées, ce qui nous fait dire que la PrEP est un outil précieux de prévention »<sup>6</sup>.

Au Luxembourg, c'est le SNMI qui est en charge de l'administration de la PrEP, ceci dans le cadre d'un projet-pilote. Elle est gratuite pour les usagers et prise en charge par la CNS. C'est ainsi que le Luxembourg a adopté une approche centralisée auprès d'un service spécialisé national. Cette approche se diffère de celles de la France et de l'Allemagne où la PrEP peut être administrée par des médecins généralistes ou spécialistes.

Dans le rapport de 2019 précité, le Comité de surveillance a recommandé en tant que piste pour l'avenir de prévoir « la prescription en médecine générale, ainsi que la consultation des infirmiers du SNMI ». Cette recommandation nous semble d'autant plus logique dans le contexte de la pandémie du Covid-19 qui continue à solliciter les collaborateurs et collaboratrices du SNMI.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Madame la Ministre partage-t-elle l'avis que la PrEP représente une arme efficace dans la lutte contre le VIH ?

2) Quelles sont les raisons pour lesquelles l'administration de la PrEP continue à se limiter à un projet-pilote géré par le SNMI, alors que dans d'autres États membres de l'Union européenne, dont notamment la France et l'Allemagne, elle figure dans la nomenclature des prestations médicales des médecins généralistes et/ou spécialistes ?

3) Madame la Ministre entend-elle donner suite à la recommandation du Comité de surveillance du sida, des hépatites infectieuses et des maladies sexuellement transmissibles de prévoir la prescription de la PrEP en médecine générale et d'accorder les consultations y relatives aux infirmiers et infirmières du SNMI ? Quel est le cas échéant le délai de la mise en œuvre de la recommandation en question ?

4) Dans la négative, quels sont les obstacles qui empêchent une telle approche et quelles sont les solutions qui pourraient contribuer à décharger le SNMI à court terme ?

5) Quel est l'avis de Madame la Ministre au sujet de la création d'un réseau de médecins de confiance à l'image du concept allemand dit « HIV-Schwerpunkt-praxis » ? En effet, ce dernier consiste à baisser le seuil d'inhibition du public cible potentiel, sachant que dans le cadre d'une consultation pour la PrEP, les personnes concernées sont entre autres tenues de fournir des renseignements sur leur vie sexuelle.

**Question 5767** (15.02.2022) de **MM. Fernand Kartheiser** et **Jeff Engelen** (*ADR*) concernant la **prophylaxie préexposition VIH** :

D'Weltgesundheitsorganisation verfollegt dat ambitionéiert Zil, d'HIV-Pandemie bis 2030 endgültig auszeradéieren. An der Schwäiz gouf et rezent Diskussiounen doriwwer, wéi een dësem Zil méi no komme kann. E wichtege Facteur spillt heibäi nëmmen e Medikament, wat eng sougenannte Präexpositionssphrophylax (PrEP) bewierkt. Persounen, déi engem erhéichte Risiko ausgesat sinn, sech mat HIV ze infizéieren, kënnen dëst Medikament prophylaktesch anhuelen a sinn esou och bei ongeschütztem Geschlechtsverkéier virum HIV-Virus geschützt. Aktuell diskutéiert d'Schwäiz doriwwer, ob dëst Medikamet net och vun de

<sup>3</sup> AIDES, La PrEP - Dossier, URL : <https://www.aides.org/pre>

<sup>4</sup> Réseau Hôpital & GHT, L'efficacité de la PrEP confirmée par l'ANRS, URL : <https://www.reseau-hopital-ght.fr/actualites/specialites-medicales/vih-ist/a-relire-vih-l-efficacite-de-la-prep-confirmee-par-l-anrs.html>

<sup>5</sup> Comité de surveillance du sida, des hépatites infectieuses et des maladies sexuellement transmissibles, Rapport d'activité 2019, URL : <https://sante.public.lu/fr/publications/comite-surveillance-sida-2019/comite-surveillance-sida-2019.pdf>, p. 45

<sup>6</sup> Comité de surveillance du sida, des hépatites infectieuses et des maladies sexuellement transmissibles, Rapport d'activité 2019, URL : <https://sante.public.lu/fr/publications/comite-surveillance-sida-2019/comite-surveillance-sida-2019.pdf>, p. 45

<sup>2</sup> Présentation de l'évolution de l'absentéisme pour cause de maladie des salariés en 2020 et début 2021 - Inspection générale de la sécurité sociale // Le Gouvernement luxembourgeois





Krankekeesen iwwerholl misst ginn. Et géif een domat net nëmmen deene Persounen entgéintkommen, déi en erhéichte Risiko hunn, sech ze infizéieren, mee och de Krankekeesen, vu datt d'Therapie fir eng HIV-positiv Persoun finanziell ganz opwenneg ass an déi Betreffen iwwerdeems och mental belaauscht.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Minister fir sozial Sécherheet:

1. Ass et an den Ae vun der Regierung sënnvoll, Medikamenter mat dësem Wierkmechanismus och zu Lëtzebuerg ze promouvéieren, fir esou an Zukunft ze verhënneren, datt Persounen, déi engem erhéichte Risiko ausgesat sinn, sech iwwerhaapt nach infizéieren?

2. Am Hibleck op d'Tatsaach, datt esou ee Medikament och d'Krankekeess finanziell entlaaschte géif: Denkt d'Regierung driwwer no, déi genannte Präexpositionsprophylax-Medikamenter vun der Krankekeess rembourséieren ze loossen?

**Réponse commune** (15.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

Le Ministère de la Santé reconnaît parfaitement l'efficacité de la PrEP (Pre-Exposure Prophylaxis) dans la lutte contre l'infection VIH. Elle est une action de prévention parmi d'autres dans le domaine de la santé sexuelle qui inclut également l'éducation sur les préservatifs, les vaccinations et les dépistages réguliers.

Les statistiques récentes d'utilisation de la PrEP confirment son acceptation croissante par le public cible, actuellement surtout des hommes ayant des relations sexuelles avec des hommes, et son efficacité (aucune infection détectée parmi ces patients). Au Luxembourg, les partenaires de personnes séropositives et les travailleuses et travailleurs du sexe peuvent également bénéficier de la PrEP.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Initialement, la PrEP a été introduite comme un projet pilote au Service national des maladies infectieuses (SNMI) en 2017 pour une durée prévue de deux ans. Le Luxembourg a été à ce moment le troisième pays en Europe à introduire la PrEP gratuite dans le cadre d'un projet novateur. Un bilan du projet a été réalisé en 2019 et présenté conjointement à la Direction de la santé et à la CNS avec une demande de prolongation du projet au-delà de la phase pilote. L'idée d'élargir la prescription aux médecins de ville avec suivi possible des patients sous PrEP à la consultation infirmière du SNMI a été également évoqué à ce moment. Malheureusement, dès le début de l'année 2020, la pandémie Covid-19 a amené une surcharge de travail à la fois pour le SNMI, comme pour la Direction de la santé et la CNS, et n'a pas permis d'approfondir le concept élargi. Le confinement et les restrictions ont rendu l'accès à la PrEP plus difficile et le Comité de surveillance du sida estime que moins de personnes ont pu commencer une prise de PrEP qu'avant la pandémie. Il convient cependant de noter que le projet a continué à fonctionner et a même inclus de nouveaux participants, malgré la pandémie.

L'élargissement de la PrEP à d'autres groupes à risque, comme les travailleurs du sexe et les usagers des drogues, fait partie du nouveau plan national VIH en voie de rédaction et qui sera appliqué à partir de 2023. De nouvelles molécules anti-VIH, parfois à longue durée d'action et sous forme injectable, permettront potentiellement de nouvelles utilisations préventives parmi des populations vulnérables et précaires.

L'idée d'une offre « bas seuil » est évidemment à poursuivre, d'autant plus qu'elle fonctionne bien dans d'autres pays. Notre préférence irait cependant vers une prise en charge plus large de la santé sexuelle de type « community-based sexual and reproductive health promotion » que d'une approche étroite « HIV-Schwerpunktpraxis ». En effet, le domaine de la santé sexuelle dépasse largement la problématique du VIH.

Le suivi étroit lié à la prise de la PrEP permet de dépister et traiter d'autres IST dès le début. Une IST active peut favoriser la transmission du VIH puisque les muqueuses sont fragilisées. Les dépistages réguliers faits dans le cadre du suivi PrEP permettent dès lors un dépistage précoce d'une éventuelle infection au VIH et une mise sous traitement permettant d'éviter la transmission du VIH à d'autres personnes par voie sexuelle. Il s'agit là du principe « Treatment as Prevention ». À souligner que la charge mentale générée par la peur de s'infecter et d'infecter d'autres personnes est largement diminuée par la PrEP.

La Direction de la santé est en contact étroit avec le Comité de surveillance du sida, des hépatites infectieuses et des maladies sexuellement transmissibles afin d'avancer dans ce dossier.

En ce qui concerne l'autorisation de mise sur le marché, les médicaments à base d'emtricitabine et de ténofovir disoproxil sont indiqués :

1) en association avec d'autres antirétroviraux pour le traitement des adultes infectés par le VIH-1 et pour le traitement des adolescents infectés par le VIH-1, présentant une résistance ou des toxicités aux inhibiteurs nucléosidiques de la transcriptase inverse (INTI) empêchant l'utilisation des agents de première intention ;

2) en association à des pratiques sexuelles à moindre risque, en prophylaxie préexposition pour réduire le risque d'infection par le VIH-1 par voie sexuelle chez les adultes et les adolescents à haut risque de contamination.

Ces médicaments sont inscrits dans la liste positive des médicaments pris en charge par l'assurance maladie-maternité.

**Question 5765** (15.02.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant **l'indemnisation des dégâts de gibier** :

An enger rezenten Entrevue tëscht der Baurenzentral an dem Här Landwirtschaftsminister goug och rieds iwwert d'Entscheidungge bei Wëltschied. Wéi et vun de Landwirtschaftsvertreider heescht, gëtt déi finanziell Entscheidungge bei Wëltschied no engem Berechnungsschlüssel kalkuléiert, deen ee Mëttelwäert tëscht de Joren 2015 bis 2019 duerstellt. Domat géif déi finanziell Entscheidungge awer dättelech ënnert dem Mëttelwäert um europäesche Marché leien, an der aktueller Realitéit net Rechnung droen.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un den Här Landwirtschaftsminister:

- Gedenkt den Här Landwirtschaftsminister, de Berechnungsschlüssel fir déi finanziell Entscheidungge bei Wëltschied elo zäitno esou unzepassen, datt dësen der Realitéit Rechnung dréit, fir esou de Baueren an anere landwirtschaftleche Beruffer entgéintzekommen?

**Réponse commune** (15.03.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*, et de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

Den Artikel 49 vum Gesetz vum 25 Mee 2011 betreffend d'Juegd beschreift, wéi d'Entscheidungge bei Wëltschied gereegelt gëtt.

« Le collège des syndic doit en vue d'un arrangement à l'amiable convoquer le déclarant, le locataire de chasse et l'opposant à comparaître en personne ou par mandataire sur les lieux du dommage. Le représentant de l'État est convoqué chaque fois que le fonds spécial est mis à contribution. La visite des lieux doit avoir lieu endéans un délai de quinze jours à partir de la déclaration du dommage. »

Deemno ass et un deene betreffende Partie fir sech ze arrangéieren.

Opgrond vun enger Demande huet den SER sech ufanks vun den 2000er-Jore bereeterkläert eng Hëllefstellung unzebidden, andeems een Tableau zur Verfügung gestallt gëtt, deen als Diskussionsbasis en Vue vun enger Eenegung tëscht deene betraffene Parteien erugezu ka ginn.

Dësen Tableau gëtt aktuell op Basis vu Standardoutput-Koeffiziente berechent (Annex: Règlement grand-ducal du 17 décembre 2021 fixant les montants des produits standards). De Standardoutput-Koeffizient vun engem landwirtschaftleche Produkt stellt den duerchschnëttleche Geldwäert pro Hektar oder Stéck Véi vun dësem Produkt duer. Dës Koeffiziente ginn dräimol an zéng Joer berechent a stellen ee Mëttelwäert duer vun allkéiers fënnef Joer. Aktuell ass dat ee Mëttelwäert vun de Joren 2015 bis 2019. Dës Koeffizienten si souwuel national wéi um EU-Niveau verifizéiert a publizéiert.

Dës Method gouf esou festgeluecht, fir net ze vill Schwankunge vun engem Joer op dat anert ze hunn, beziéungsweis ganz schlecht resp. ganz gutt Joren ofzeflaachen. Et ass kloer, dass dëse Mëttelwäert gréisser kuerzfristeg Schwankunge vun engem Joer op dat anert net berécksiichtegt.

Wann déi betreffen Acteuren der Meenung sinn, datt dës Approche soll geännert ginn, wéi z. B. op eng järelech Berechnungsmethod iwwerzegoen, sinn ech gäre bereet, doriwwer ze diskutéieren an déi néideg Hëllefstellung unzebidden.

**Question 5772** (16.02.2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*) concernant les **candidats luxembourgeois aux études de médecine en Fédération Wallonie-Bruxelles** :

L'ARES belge (la coupole de l'enseignement supérieur) a présenté lundi ses statistiques détaillées

des cinq premières éditions de l'examen d'entrée en médecine et dentisterie organisé en Fédération Wallonie-Bruxelles.

Ces statistiques montrent que le nombre de candidats étrangers explose. En 2021, un peu moins de la moitié des candidats étaient résidents belges (pour 70 % à la première édition de 2017). Les Français, les non-résidents les plus nombreux, constituaient plus de 34 % des candidats cette année (contre 13,4 % en 2017). Les règles prévoient que les non-résidents ne peuvent pas représenter plus de 30 % du total des lauréats pour chacune des filières. Contrairement aux résidents, les non-résidents peuvent donc réussir l'examen sans pour autant accéder aux études. S'ils sont trop nombreux à avoir passé l'épreuve avec succès, on procède à un classement selon la note obtenue au score total. Et seuls les candidats classés en ordre utile sont reconnus lauréats. Les derniers chiffres montrent qu'il n'y a jamais eu autant de non-résidents arrêtés par le quota.

- J'aimerais savoir de Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche dans quelle mesure les candidats luxembourgeois aux études de médecine en Fédération Wallonie-Bruxelles ont été arrêtés dans leurs projets d'études par ce quota et quelle a été l'évolution de ce chiffre depuis 2017.

- Le ministre dispose-t-il d'informations sur le chemin emprunté par les concernés suite à cette exclusion ?

- Est-ce que les études en médecine organisées par l'Université du Luxembourg pour les candidats luxembourgeois et autres candidats s'étant présentés à l'examen d'admission susmentionné ont constitué une alternative ?

**Réponse** (16.03.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche* :

Sur base des statistiques fournies par le rapport de l'Académie de recherche et de l'enseignement supérieur en Belgique, entre 2017 et 2021, 202 candidats distincts, qui ont leur domicile au Luxembourg, se sont présentés à l'examen d'entrée et d'accès en sciences médicales et dentaires. 64 candidats ont réussi l'examen, parmi lesquels 15 (7 de nationalité luxembourgeoise, 6 de nationalité française, 1 de nationalité belge et 1 de nationalité allemande) ont été arrêtés par le quota non-résident en 2021. À noter qu'avant 2021, aucun candidat ayant son domicile au Luxembourg n'a été arrêté par le quota non-résident.

Souvent les candidats qui souhaitent faire des études en médecine postulent auprès de plusieurs universités, dont notamment l'Université du Luxembourg.

En effet, le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la Communauté française de Belgique ont signé en date du 4 janvier 2022 un accord garantissant l'accès de huit détenteurs du bachelier en médecine de l'Université du Luxembourg au deuxième cycle d'études médicales dans une des universités de la Communauté française de Belgique.

Le nouvel accord maintient les dispositions d'un précédent accord particulier relatif à la coopération universitaire en formation médicale, signé à Bruxelles le 17 juillet 2017. Il maintient donc la possibilité pour un maximum de 15 étudiants de l'Université du Luxembourg, disposant d'un diplôme de fin d'études secondaires octroyé par un établissement d'enseignement secondaire au Luxembourg et ayant réussi la première année de médecine à l'Université du Luxembourg, d'accéder en deuxième année d'études en sciences médicales dans une université en Communauté française de Belgique.

S'y ajoute, dans le nouvel accord, la possibilité pour un maximum de huit étudiants de l'Université du Luxembourg, disposant d'un diplôme de fin d'études secondaires octroyé par un établissement d'enseignement secondaire au Grand-Duché de Luxembourg et ayant réussi le bachelier en médecine à l'Université du Luxembourg, d'être admis à poursuivre leurs études dans un programme de deuxième cycle en sciences médicales dans une université en Communauté française de Belgique. Cette possibilité sera offerte à partir de l'année académique 2023-2024, étant donné que les premiers étudiants obtiendront le bachelier en médecine de l'Université du Luxembourg à la fin de l'année académique 2022-2023.

**Question 5774** (16.02.2022) de **M. Marc Spautz** (*CSV*) concernant le **système de « Contrôle et information du trafic sur les autoroutes » (CITA)** :

Le système de « Contrôle et information du trafic sur les autoroutes » (CITA) est défini entre autres comme instrument destiné à coordonner les interventions sur le réseau autoroutier en cas d'incidents ou d'accidents et à informer les usagers de la route en temps réel de toute perturbation de trafic

par signalisation dynamique. Il s'avère cependant qu'en pratique les automobilistes sont informés assez souvent « trop tard », de façon à ce qu'ils se voient privés d'une possibilité de quitter l'autoroute « à temps » et qu'ils se retrouvent alors bloqués dans un bouchon.

C'est dans ce contexte que je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Monsieur le Ministre est-il conscient du fait que le système de « Contrôle et information du trafic sur les autoroutes » (CITA) présente des faiblesses en termes de réactivité, voire d'anticipation face à d'éventuels incidents de la circulation ?

- Dans la négative, Monsieur le Ministre entend-il soumettre le système à une analyse de ses points forts et de ses points faibles en vue d'éventuelles mesures d'amélioration ?

- Dans l'affirmative, Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis que le système devrait informer les automobilistes suffisamment à l'avance afin de leur permettre ou bien de quitter la voie rapide avant même d'entrer dans le secteur des perturbations ou bien de ne pas emprunter l'autoroute dans la zone concernée ?

2) Quelles mesures Monsieur le Ministre compte-t-il mettre en place dans ce sens sur le réseau autoroutier, sur les routes de desserte, voire sur les bretelles d'accès ?

3) Dans quelle mesure Monsieur le Ministre a-t-il un échange régulier avec ses homologues des pays voisins au sujet de la gestion du trafic en général et de la régulation des flux de circulation sur les autoroutes et les artères principales en particulier et quelles sont les leçons qu'il en tire pour le Luxembourg ?

4) Qu'en est-il d'un projet d'harmonisation transnationale pour la surveillance et la gestion du trafic autoroutier sur les réseaux respectifs des régions frontalières du Luxembourg, de l'Allemagne, de la Belgique et de la France ?

**Réponse** (18.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1) Le système de Contrôle et information du trafic sur les autoroutes (CITA) met tout en œuvre pour éviter des accidents dus à une perturbation connue et garantir une qualité de service optimale.

En effet, il convient de souligner que le CITA ne présente aucune faiblesse en termes de réactivité. Après avoir pris connaissance d'un incident sur le réseau autoroutier, le temps de réaction du CITA est généralement inférieur à une minute. Les informations relatives aux incidents sont communiquées aux usagers de la route, le cas échéant, par le biais de messages affichés sur les panneaux à message variable, en fonction de l'emplacement des panneaux et du lieu de l'incident. Les informations routières sur les autoroutes sont également transmises au Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) et à la Police grand-ducale, ainsi qu'à des prestataires externes tels que l'Automobile Club du Luxembourg (ACL), les médias et d'autres fournisseurs de services d'informations routières via le portail open-data luxembourgeois « data.public.lu ».

Dans le cadre des réflexions conceptuelles relatives à la sécurité des infrastructures et à la continuité du service, à l'approche multimodale des infrastructures routières ainsi qu'au développement des systèmes connectés et de la mobilité intelligente, les fonctionnalités actuelles et les besoins futurs en termes de développement et d'équipements ont été récemment revus pour aboutir au concept du LTMS (Lëtzebuurger Traffic-Management-System), qui constituera le CITA du futur. Aujourd'hui, il est clair que les systèmes futurs ne seront pas figés, mais en constante évolution.

De plus, il faut en permanence s'adapter à l'évolution technologique, que ce soit au niveau du matériel ou des logiciels, et trouver des solutions compatibles avec les technologies en cours d'utilisation.

Parmi les développements récemment introduits en tant que projets-pilotes, je cite parmi d'autres les installations CARA (Contrôle et régulation d'accès sur les échangeurs de Steinfort, Mamer et Bridel), la modulation de la vitesse aux heures de pointe matinale sur l'autoroute A6 et le suivi en temps réel des véhicules d'intervention sur l'autoroute grâce à la radio communication digitale. Tous ces projets sont à la pointe de la technologie et doivent être solidement ancrés dans le futur LTMS.

Le concept d'exploitation du CITA a comme objectif d'informer les usagers de la route à l'avance d'une perturbation ou d'un embouteillage afin de garantir leur sécurité. Le CITA ne recommande pas de quitter la grande voirie avant d'entrer dans la zone de perturbation, afin de ne pas surcharger la voirie secondaire, dont la capacité est bien inférieure à celle du réseau autoroutier. La circulation congestionnée sur les autoroutes se dissout en général beaucoup plus vite que sur le réseau secondaire.





En cas de fermeture complète d'un tronçon d'autoroute, le plan de gestion du trafic est déclenché entre les deux échangeurs les plus proches. Dans ce cas, le CITA et les services d'intervention guideront les usagers de l'autoroute sur l'itinéraire de déviation. Aux endroits où l'équipement technique le permet, les usagers de la voirie secondaire sont également informés des perturbations sur le réseau autoroutier.

ad 2) Dans le cadre de différents projets de réaménagement du réseau autoroutier, les équipements CITA seront renforcés et dotés de fonctionnalités supplémentaires. Il est également prévu d'équiper les bretelles d'accès de la voirie secondaire vers le réseau autoroutier avec les équipements nécessaires à l'information des usagers.

ad 3) Au niveau opérationnel, l'Administration des ponts et chaussées est en échange direct avec ses homologues étrangers concernant l'exploitation des autoroutes et la gestion des chantiers d'envergure. Des procédures transnationales sont en place en cas d'incidents majeurs sur le réseau autoroutier.

Des échanges informels ont lieu à un niveau supérieur avec d'autres exploitants et experts. Il convient toutefois de noter que chaque pays a ses propres spécificités, et les enseignements et les connaissances d'un opérateur spécifique ne peuvent pas être transposés tels quels sur d'autres situations.

ad 4) Aucun projet d'harmonisation transnationale n'est actuellement connu. Il existe toutefois des initiatives visant à se mettre d'accord, notamment sur des standards en matière de qualité et de réactivité.

#### Question 5776 (17.02.2022) de M. Marc Goergen (*Piraten*) concernant l'**accessibilité des bornes de recharge publiques** :

Fir d'CO<sub>2</sub>-Emissionen zu Lëtzebuerg ze reduzéieren, müssen d'Emissionen aus dem Verkéier bis 2030 erofgoen. Dofir muss de Fuepark op de Leescht geholl ginn: Verbrennungsmotore sollen duerch alternativ Technologien ersat ginn, déi op erneierbar Energië setzen, wéi zum Beispill d'Elektromobilitéit.

D'Entwécklung vun der Elektromobilitéit setzt awer viraus, dass mer hei am Land (souwéi an Europa) efikass Opluetinfrastrukturen hunn. Wien een Elektroauto huet, muss och schnell an ëmständlech eng Luetstation kënnen fannen, fir net op der Strooss hänken ze bleiwen.

Ugesiichts, dass d'Luetinfrastrukturen hei nach an de Kannerschong sinn (wann ee bedenkt, dass nach eng honnertausenden Elektroautoen an deenen nächste Joren op d'Strooss solle kommen) ass et wichteg, dass d'Notzer vun Elektrogefiierer wëssen, wou déi nächst ëffentlech Luetstation disponibel ass.

Verschidden Appe, wéi zum Beispill d'Chargy-App, weisen ëffentlech Luetstationen op Plazen un, déi um Privatterrain vun engem Proprietär stinn a wou d'Automobilisten deemno net einfach esou eraufueren dierfen, well se z. B. hannert enger zouener Barriär stinn.

An deem Zesummenhang wëilt ech de Ministere fir Mobilitéit an Energie dës Froe stellen:

- Ginn och Luetstationen, déi op net accessibelen Terraine stinn, als ëffentlech Statioune gezeechent?

- Mellen d'Netzbedriewer esou Luetstationen, wa se wëssen, dass se net fir d'Allgemengheet accessibel sinn?

- Ginn dës Bornen och an d'Statistiken zu den ëffentleche Luetstatione matgezielt?

**Réponse commune** (18.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

Den honorabelen Deputéierte freet Prezisiounen, wéi Luetstationen, déi op net ëffentlechen Terraine stinn, fir de Benotzer gekennzeechent ginn.

Bei der Elektromobilitéit ass et elementar, datt de Konsument déi beschtméiglech Informatiounen kritt, wou an ënner wéi enge Konditiounen hie säin Elektroauto op enger Borne kann nolueden. Heirënner falen net nëmmen d'Informatiounen, déi de genaue Standuert (Adress a Koordinaten) betreffen, mee och Angaben iwwert d'Luede selwer (Stecker-typ, maximal Luetleeschtung) an d'Bezuelen (Präis a Bezuelméiglechkeeten). Zousätzlech zu dëse „statéschen“ Donnéeën sinn och „dynamesch“ Informatiounen an Echtzäit, wéi vill vun den eenzele Luetpunkte fräi sinn, och extreem hëllefträich fir de Notzer.

Wichteg ass heibäi ze preziséieren, datt all dës Donnéeën dem Konsument zur Verfügung gestallt ginn an dëst vun all de Luetstationen, déi och op fir de Public sinn. Heirënner falen net nëmme Bornen, déi op ëffentleche Parkplaze stinn, mee och solcher op Privatterrainen, wou awer jiddereen op eng net diskriminatoresch Aart a Weis Zougang

dorop huet. Heirënner falen zum Beispill och Parkplaze vun engem Geschäft oder Supermarché, op déi ee sech nëmme stellen dierf, ënner der Konditioun, datt een eng Kommissioun an dësem Gebai mécht.

Alleguerten d'Luetstationen, op déi net jiddereen de selwechten Accès huet, sinn net als ëffentlech accessibel unzegesinn a sollen dem Konsument dowéinst och net ugewise ginn. Luetplazen, déi zum Beispill nëmme fir bestëmmte Persounen oder Autosmarke reservéiert sinn, sinn dowéinst net als ëffentlech accessibel ze consideréieren.

Zu Lëtzebuerg um „Chargy“-Reseau sinn esouwuel statesch wéi och dynamesch Donnéeën säit 2017 um Open Data Portal vum Staat fir de Client an Echtzäit (Aktualiséierung all fënnef Minutten) disponibel.

De „Chargy“-System erlaabt iwwert déi 800 ëffentlech „Chargy“-Bornen eraus och d'Integratioun vu Luetpunkte vun Drëtten. De Standuert an Disponibilitéit vum dëse sougenannten „ChargyOK“-Borne gi fir de Konsument genau d'selwescht ugewise wéi déi 800 ëffentlech Bornen. Et goufen awer deelweis och Luetstationen integréiert, déi net fir jiddereen ëffentlech zougänglech sinn. Dës Bornen, zum Beispill fir déi elektresch Déngschtautoe vum Staat oder vun den Netzbedriewer, goufen ewéi eng „ChargyOK“-Borne integréiert, mam Ënnerscheid, datt dës Luetpunkten eeben net den normale Konsumente sollen ugewise ginn. Bei der Ubannung vun ënnerschiddlechen auslännesche Luetfournisseuren un den „Chargy“-Reseau ass et awer dozou komm, datt och dës maskéiert Luetpunkte fir jiddereen als ëffentlech ugewise ginn. Dës Problematik ass bekannt an et gëtt heifir un enger Léisung geschafft.

Dës net ëffentlech accessibel Luetstationen si bis elo awer nach ni an den „Chargy“-Statistiken opgeléisch ginn. Dëst, well d'Unzuel vun den ekipéierte Parkplaze bis elo unhand vun den uewen ernimnten Donnéeën aus dem Open Data Portal erstallt ginn an déi maskéiert Luetpunkten hei net ugewise ginn.

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N° 4958 preziséiert, huet d'Europäesch Kommissioun am Kader vum „Fit for 55 Package“ ënner anere eng Propos fir een neit Reglement iwwert d'Infrastruktur fir alternativ Kraaftstoffer (2021/0223 COD) gemaach. Heira gouf net nëmmen eng méi kloer Definitioun vun „accessible au public“ proposéiert, mee den Artikel 18 gesäit och kloer Ufuerderunge vir, wéi eng Donnéeën vun allen ëffentlech accessibele Luetborne müssen europawäit disponibel gemaach ginn. Lëtzebuerg huet dës Weidere mat 14 anere Memberstaaten um IDACS-PSA-Projet („Action de soutien au programme sur l'émission de cartes d'identité et la collecte de données pour les carburants alternatifs“) vun der Europäescher Kommissioun deelgeholl, wou et ënner anere drëms gaangen ass, fir Attributer an ee Format fir d'Donnéeën vun den ëffentlech accessibele Luetstationen auszeschaffen. Fir den Attribut vun der ëffentlecher Accessibilitéit gouf och eng kloer Syntax festgeluecht. Luetpunkten, déi zum Beispill hannert enger Barrière stinn an nëmmen zougänglech während den Öffnungszäite vun engem Geschäft sinn, sollen duerch dës nei Syntax eenheetlech affichéiert ginn, esou datt Servicer an Applikatiounen, déi op dës Donnéeën zrëckgräifen, d'Attribut kënnen richteg interpretéieren. Eng Ëmsetzung heivunner ass och zäitno zu Lëtzebuerg geplangt.

#### Question 5777 (17.02.2022) de M. Marc Goergen (*Piraten*) concernant l'**analyse du Contrôleur européen de la protection des données (CEPD) concernant le logiciel d'espionnage « Pegasus »** :

An engem Communiqué vum 15. Februar huet de Contrôleur européen de la protection des données (CEPD) eng Analys zur Spionagesoftware „Pegasus“ gemaach, déi vun der israelischer Firma NSO ausschliisslech u staatlech Institutionen verkaf gëtt.

De Staatstrojaner hat am Summer fir Skandaler gesuergt, well een Netzwiirk vun internationale Journalisten erausfonnt hat, dass Pegasus op Handye vun Aktivisten, Journalisten an Oppositionspolitiker genotzt gouf. Et ass deemno net auszuschléissen, dass verschidde Regierungen an der EU dësen Trojaner fir politesch motivéiert Spionageaktivitéite benotzen. D'Regierung konnt an den Äntwerten op meng parlamentaresch Froen N° 4685 a 4692 net ausschléissen, dass och lëtzebuergesch Persounen an Institutionen vum Spionageskandal betraff waren.

De Communiqué vum 15. Februar léisst kee gutt Hoer un de Praktiken, déi NSO de Staate mam Gebrauch vu Pegasus a proposéiert a senger véierter Recommandatioun, dass d'EU-Staaten de Gebrauch vun der Pegasus-Software ënnerbanne sollen. Notamment kéint een, nom CEPD, op Basis vum Artikel 83 vum TFEU d'Benotze vu Spyware als kriminell Aktivitéit definéieren.

An deem Zesummenhang wëilt ech dem Premierminister an de Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa a fir Justiz dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung mat den Argumenter vum CEPD averstanen, déi ee Verbuet vu staatlecher Spyware, wéi dem Pegasus-Programm, fuerderen?

2. Wäerten d'Ministernen dem Opruff vum CEPD nokommen a sech am Conseil vun der EU dofir asetzen, dass Spionagesoftware, wéi de Pegasus-Programm, op europäeschem Niveau verbuede ginn?

**Réponse commune** (16.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

D'Regierung huet d'„Preliminary Remarks on Modern Spyware“, déi de Contrôleur européen de la protection des données (CEPD) de 15. Februar 2022 publizéiert huet, zur Kenntnis geholl.

D'Regierung deelt d'Usiicht vum CEPD, dass den illegalen Asaz vun Trojanerssoftware schaarf ze veruerteelen ass.

Wat d'Situatioun zu Lëtzebuerg ubelaangt, esou ass déi an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N° 4685 an N° 4692 duergeluecht ginn.

#### Question 5778 (17.02.2022) de M. Claude Wiseler (CSV) concernant la **protection de biens culturels arméniens au Haut-Karabakh** :

Malgré l'ordre et les décisions de la Cour internationale de justice, qui imposent à l'Azerbaïdjan de prendre toutes mesures nécessaires pour prévenir et punir la destruction systématique, la profanation du patrimoine religieux et culturel arménien, son président Aliyev a annoncé la création de la commission pour « restaurer le faux héritage arménien dans ses origines albanaises ».

C'est dans ce contexte que j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Monsieur le Ministre est-il au courant que, malgré l'ordonnance claire de la Cour internationale de justice, les autorités azerbaïdjanaises prennent des mesures pratiques pour continuer la destruction du patrimoine arménien dans les territoires occupés lors de l'agression en 2020 ?

2) Monsieur le Ministre songe-t-il à intervenir auprès de l'UE pour prendre des mesures afin d'arrêter l'anéantissement du plus ancien patrimoine chrétien au monde sur les territoires sous contrôle azerbaïdjanais ?

3) Une mission d'enquête indépendante de la part de l'Unesco pour examiner les sites du patrimoine culturel n'a, selon mes informations, toujours pas été envoyée sur place. Monsieur le Ministre peut-il confirmer mes informations ? Dans l'affirmative - quelle en est la raison ?

**Réponse** (18.03.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1) Nous avons pris note de l'ordonnance n° 180 et n° 181 de la Cour internationale de justice du 7 décembre sur « l'application de la convention internationale sur l'élimination de toutes les formes de discrimination raciale » de par l'Arménie et l'Azerbaïdjan. Lors de la déclaration sur la politique étrangère et européenne à la Chambre des Députés en novembre 2021, j'ai exprimé ma préoccupation quant aux rapports faisant état d'attaques visant des civils et des infrastructures civiles dans la région du Haut-Karabakh.

Le Luxembourg réaffirme son plein engagement à soutenir les efforts de coopération pour une paix durable et visant à réduire les tensions et à instaurer la confiance dans la région.

ad 2) Ensemble avec les institutions européennes et les États membres de l'Union européenne, nous continuons à travailler en étroite collaboration avec l'Arménie et l'Azerbaïdjan pour surmonter leur conflit par la voie diplomatique et parvenir à une paix durable qui respecte le patrimoine culturel de toutes les parties. En soutenant ces efforts de réconciliation au niveau européen, nous contribuons à la création d'un climat de confiance et de stabilité durable dans l'intérêt de tous les habitants de la région.

Lors du Conseil des affaires étrangères du 18 octobre 2021, le Luxembourg a soutenu le programme « Recovery, Resilience and Reform » de l'Union européenne en faveur des pays membres du Partenariat oriental. Le programme a pour objectif de renforcer la stabilité politique des pays membres. En ce qui concerne la question du patrimoine culturel, celle-ci relève plus particulièrement du mandat de l'Unesco.

ad 3) Les États parties au Comité pour la protection des biens culturels en cas de conflit armé ont accepté que l'Unesco envoie une mission d'enquête dans le Haut-Karabakh et ses environs en décembre 2021. Depuis, l'Unesco travaille avec toutes

les parties concernées pour créer les conditions d'une mission technique indépendante dans le cadre de la Convention de 1954 et a convenu, avec l'Arménie et l'Azerbaïdjan, d'une mission qui, compte tenu de l'impossibilité de couvrir tout le patrimoine culturel, se concentrerait sur une sélection d'artefacts culturels et religieux, proposée à parts égales par chaque partie. L'Unesco a confirmé qu'un accord avait été trouvé sur plusieurs questions clés et que les négociations entre les parties concernées étaient toujours en cours. Le Luxembourg soutient cette mission d'enquête.

#### Question 5779 (17.02.2022) de M. Marc Spautz (CSV) concernant les **primes pour l'achat de vélos et de cycles à pédalage assisté** :

Les aides financières pour la promotion de la mobilité électrique et de la mobilité active, plus particulièrement les primes pour l'achat de vélos et de cycles à pédalage assisté, connaissent un tel succès que plusieurs mois, voire un an, s'écoulent avant que la prime correspondante ne soit versée au demandeur. Il convient toutefois de noter que les citoyens aux revenus modestes peuvent s'attendre à recevoir cette même aide à court terme, sachant que l'achat d'un vélo, surtout d'un vélo électrique, peut représenter pour ces gens une dépense considérable.

C'est dans ce contexte que je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

1) Madame la Ministre peut-elle me renseigner sur le délai actuel pour le versement de l'aide financière suite à l'achat d'un vélo ou d'un cycle à pédalage assisté ?

2) Madame la Ministre n'est-elle pas d'avis que les délais actuels sont trop longs ?

3) Quelles sont les raisons de ce délai ? Sont-elles dues à des contraintes budgétaires ou à une pénurie de personnel ?

4) Quel est le délai que Madame la Ministre considère comme raisonnable voire réaliste ?

5) De quelle façon les mesures évoquées par Madame la Ministre dans sa réponse à une question parlementaire y afférente datant du mois d'août de l'an dernier se sont répercutées sur le délai de traitement des demandes depuis ?

6) Quelles mesures supplémentaires Madame la Ministre entend-elle mettre en place afin de réduire davantage le délai de traitement voire de respecter le délai jugé raisonnable ?

7) Madame la Ministre prévoit-elle de mettre en place un traitement prioritaire des demandes provenant de citoyens aux revenus modestes ?

- Dans l'affirmative, quelles en seront les modalités pratiques ?

- Dans la négative, pourquoi Madame la Ministre juge-t-elle inopportun le traitement prioritaire décrit ?

8) Sachant que le régime de ces aides financières vient à échéance le 31 mars 2022, Madame la Ministre peut-elle m'informer si ces primes seront prolongées au-delà de cette date ?

- Dans l'affirmative, quel sera le dispositif administratif pour subvenir à la forte demande au futur ?

- Dans la négative, pour quelles raisons le régime des aides financières en question ne sera-t-il pas prolongé et de quelle façon l'achat de vélos et de cycles à pédalage assisté sera-t-il encouragé au futur ?

**Réponse** (17.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1) Les délais de traitement des dossiers de subvention pour les vélos et cycles à pédalage assisté avoisinent actuellement une année.

ad 2) Il ne fait aucun doute que les délais actuels sont trop longs.

ad 3) Les demandes en vue d'une aide financière suite à l'achat d'un vélo ou d'un cycle à pédalage assisté continuent à connaître un immense succès. Le nombre de demandes reçues a largement dépassé les prévisions les plus optimistes. Il en résulte que l'Administration de l'environnement n'était pas dotée de suffisamment de personnel pour faire face à cet afflux de demandes.

ad 4) Un délai raisonnable consiste en quatre à huit semaines pour un dossier qui est complet.

ad 5) Les mesures annoncées au mois d'août 2021 comprenaient le support de plusieurs personnes affectées à d'autres unités, et l'engagement de personnel temporaire (OTI, prêt temporaire de main d'œuvre d'une entreprise, ADEM). Depuis, il a été possible d'augmenter le nombre de demandes traitées lequel dépasse, depuis septembre 2021, le nombre de nouvelles demandes introduites.

ad 6) L'Administration de l'environnement sera dotée de personnel supplémentaire pour faire face





aux nouveaux défis. La procédure de recrutement est actuellement en cours.

ad 7) Non. La subvention en nature pour l'achat d'un vélo n'est pas à considérer en tant que mesure sociale. Par ailleurs, l'Administration de l'environnement n'a aucune information par rapport au revenu des requérants et ne serait dès lors pas en mesure de procéder à un traitement prioritaire de certaines demandes.

ad 8) La prolongation des aides financières de deux années supplémentaires a été annoncée au cours de cette semaine. Il est évident que les mesures déjà annoncées s'appliqueront en continu.

**Question 5780** (17.02.2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) concernant la **nouvelle génération de cigarette électronique** :

Plébiscitée sur les réseaux sociaux, une nouvelle génération de cigarette électronique visant les jeunes entre 14 et 24 ans a fait son apparition dans nos pays voisins, appelée notamment « puff ». Il s'agit d'un produit jetable, coloré, sucré et contenant une batterie en lithium.

Outre le fait que cette cigarette électrique contenant de la nicotine attire les jeunes vers les produits du tabac, la batterie atterrissant dans les déchets normaux représente un problème environnemental.

1) J'aimerais dès lors savoir de Madame la Ministre de la Santé si cette cigarette banalisée au goût fruité est actuellement commercialisée au Luxembourg.

2) Dans le cadre de la lutte antitabac, ce nouveau produit est-il thématiqué dans les mesures préventives élaborées par le Ministère de la Santé ?

**Réponse** (15.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1) Les services du Ministère de la Santé ont été rapidement alertés de la commercialisation de cette variante de cigarette électronique, appelée « puff » en France, où elle est en train de mettre à mal tous les efforts de prévention tabac auprès des jeunes pour les raisons que l'honorable Député a décrites dans sa question.

Les produits du vapotage (cigarettes électroniques) sont réglementés en tant que produits du tabac et tombent sous la loi modifiée du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac. Cette loi dispose en effet à l'article 4 octies, paragraphe 1<sup>er</sup>, que « les fabricants et les importateurs de cigarettes électroniques et de flacons de recharge sont tenus de soumettre une notification à la Direction de la santé concernant tout produit de ce type qu'ils ont l'intention de mettre sur le marché ». La notification du produit doit être faite six mois avant la mise sur le marché et une taxe de 5.000 € est due pour chaque notification de produit.

À ce jour, aucune demande de commercialisation pour un produit de type « puff » n'a été introduite à la Direction de la santé. Par conséquent, toute vente de ce produit non déclarée et sans autorisation préalable au Luxembourg est illégale.

ad 2) Ce produit est défini en tant que cigarette électronique selon l'article 2 de la loi précitée comme étant « un produit ou tout composant de ce produit ou dispositif, y compris une cartouche, un réservoir et le dispositif dépourvu de cartouche ou de réservoir, qui peut être utilisé, au moyen d'un embout buccal, pour la consommation de vapeur ou l'inhalation de toute substance contenant ou non de la nicotine; la cigarette électronique pouvant être jetable ou rechargeable au moyen d'un flacon de recharge et un réservoir ou au moyen d'une cartouche à usage unique ».

La stratégie de lutte antitabac développée par le Ministère de la Santé et reprise dans son plan national de lutte contre le tabagisme 2016-2020 (PNLT) a également thématiqué ce type de produit en reconnaissant que la cigarette électronique sous toutes ses formes ou variantes constitue un risque potentiel pour la santé, notamment auprès des jeunes.

Il est reconnu que l'utilisation de la cigarette électronique simule l'acte de fumer à proprement dit et renormalise l'image de fumer en société. La nicotine contenue dans les e-liquides entraîne rapidement une dépendance et constitue pour les jeunes une porte d'entrée vers un tabagisme de longue durée dont il sera difficile de se sevrer. Finalement, les ingrédients utilisés dans les cigarettes électroniques, visant à attirer les jeunes, n'ont pour la plupart pas été testés en inhalation et leurs effets sur la santé à long terme restent inquiétants. De nombreuses études en laboratoire révèlent la présence de métaux lourds, tels que nickel, chrome, plomb et des substances cancérigènes qui sont libérées lors du chauffage de la résistance du produit. Toutes ces substances dangereuses pour la santé se concentrent dans la vapeur finale inhalée par le vapoteur.

Pour protéger la population de l'exposition aux fumées et vapeurs émises par les produits du tabac, des mesures préventives additionnelles qui dépassent le seul cadre de la directive sur les produits du tabac 2014/40/UE ont été mises en place au Luxembourg. Il s'agit des mesures suivantes :

- Il est interdit de vapoter au même endroit où s'applique l'interdiction de fumer, ce qui comprend aussi particulièrement les aires de jeux pour enfants, les enceintes sportives où des jeunes de moins de seize ans pratiquent un sport.

- Il est interdit de fumer dans les véhicules si des enfants de moins de douze ans sont à bord.

- La vente de produits de la cigarette électronique est interdite aux mineurs, au même titre que les produits du tabac.

- La publicité pour la cigarette électronique est interdite, sauf sur les points de vente.

- La vente à distance de produits de la cigarette électronique, depuis ou vers le Luxembourg, est interdite, y compris si le commerçant se trouve à l'étranger. Les boutiques en ligne sont par conséquent interdites.

- Les interdictions citées plus haut sont également applicables aux produits de la cigarette électronique sans nicotine.

- La mise à disposition sur le site <https://sante.public.lu/fr/prevention/tabac/index.html> d'informations sur les dangers des produits du tabac à destination de la population.

- Le suivi des campagnes nationales de prévention antitabac, qui a été fortement impacté par la crise sanitaire, sera relancé avec la reprise des campagnes antitabac ciblant les jeunes et les sensibilisant aux dangers des produits du tabac.

**Question 5781** (17.02.2022) de **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*) concernant le **Traité sur la charte de l'énergie (TCE)** :

Le Traité sur la charte de l'énergie (TCE) est un accord d'investissement international dans le secteur de l'énergie. Signé en 1994, il fait aujourd'hui l'objet de nombreuses critiques. Des pourparlers internationaux sont par ailleurs engagés depuis un certain temps avec l'objectif d'une refonte ou d'une modernisation du traité.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Énergie :

1) Quel est l'état actuel des discussions et négociations sur l'avenir du TCE ? Quels sont les principaux scénarios envisagés et envisageables ? Pouvez-vous me détailler la position du Luxembourg dans ces pourparlers ?

2) Pouvez-vous me renseigner sur le calendrier des négociations ? Pouvez-vous confirmer que l'Union européenne (UE) s'est fixé comme objectif de trouver un accord avant l'été 2022 ?

3) Quelle est la position du Luxembourg par rapport à la proposition récente du secrétariat TCE qui vise à introduire plus de flexibilités dans le traité ? Est-ce que cette proposition est compatible avec l'objectif de l'UE d'une réduction des gaz à effet de serre de 55% jusqu'en 2030 ?

4) Est-ce que la proposition récente du secrétariat TCE nécessite l'unanimité parmi les pays membres au TCE ? Est-ce que des scénarios sont envisageables qui ne nécessitent pas l'unanimité parmi les membres au TCE, voire qui aboutiraient à une application différenciée à l'intérieur de l'UE ?

5) Est-ce qu'un éventuel changement du traité nécessite l'accord du parlement luxembourgeois ?

6) Est-ce que le Luxembourg soutient un élargissement de la protection des investissements sur de nouveaux secteurs, tels que la production d'énergie à base d'hydrogène ou de biomasse ?

**Réponse** (08.03.2022) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

ad 1) Au début du mois de mars 2022 se tiendra le 11<sup>e</sup> cycle de négociations entamées en juillet 2020. Entre chaque cycle, de nombreuses réunions bilatérales ont lieu pour faciliter le processus. Le Luxembourg soutient la proposition ambitieuse portée par l'Union européenne visant à mettre fin à la protection des investissements relatifs aux énergies fossiles en vue d'atteindre les objectifs de l'Accord de Paris.

ad 2) Les négociations ont été entamées en juillet 2020. Les travaux s'intensifieront au cours des mois à venir avec des cycles de négociations prévus pour les mois de mars, avril et juin 2022. Dépendant des conditions sanitaires, les parties espèrent se rencontrer dans un des États membres lors d'une réunion physique, ce qui facilitera l'avancée des travaux. Le Luxembourg soutient une finalisation des négociations la plus rapide possible.

ad 3) Le Luxembourg soutient une réforme ambitieuse du traité visant à exclure les énergies fos-

siles des mécanismes de protection des investissements. Différentes modalités sont en cours d'examen sur la façon de parvenir à cet objectif tout en respectant le principe de responsabilité commune mais différenciée des États parties au traité face à la question du changement climatique.

ad 4) Les États faisant partie du traité auront le choix de ratifier ou non les modifications proposées à l'issue du processus de modernisation. Ces modifications devront être approuvées à l'unanimité des parties. Chaque État partie demeure également libre de quitter le traité de manière unilatérale à tout moment. Dans ce cas, la « sunset clause » de l'article 47 est d'application et les dispositions actuelles du traité continueront à s'appliquer pour une durée de 20 ans, y compris la protection de l'ensemble des activités économiques listées par le traité, dont les énergies fossiles. Le Luxembourg rappelle l'importance d'une position commune des États membres de l'UE, représentée par la Commission dans les négociations en cours.

ad 5) L'approbation du traité révisé suivra les procédures constitutionnelles applicables en matière de ratification des accords internationaux.

ad 6) Dans le cadre du processus de modernisation, le Luxembourg soutient l'extension de la protection des investissements aux activités économiques liées à l'hydrogène produit exclusivement à partir de sources d'énergie renouvelables.

**Question 5782** (17.02.2022) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) concernant l'**escroquerie sentimentale** :

Den éisträicheschen Televisiounssender Plus24 huet elo rezent iwwert d'Bedruchsmasch „Love Scam“ eng Reportage ausgestraalt.

Doranner goug et ëm e 37-järeg Mann, deen an Däitschland, Éisträich an och hei zu Lëtzebuerg duerch divers Fraebekanntschafte 590.000 € soll ergaunert hunn. De Mann huet vis-à-vis vun de Fraen entweeder behaupt, hien hätt Geldproblemer, oder en huet versicht, datt d'Fraen a verschidde Geschäftsmodeller vun him investéieren.

De Mann ass entre-temps iwwerfouert ginn a sëtzt elo an Éisträich an Untersuchungshaft.

Virun dësem Hannergrond wëll ech folgend Froen un den Här Policeminister stellen:

1. Ass der Police bekannt, wéi vill Fraen an dëser Affär hei zu Lëtzebuerg concernéiert sinn ? Wéi vill Suen huet de Concernéierte vun dëse Frae kritt?

2. Wéi vill Fäll vu „Love Scam“ ginn all Joers hei zu Lëtzebuerg gemellt?

3. Wéi gedenkt de Minister, op dëse Sujet opmierksam ze maachen, fir d'Leit virun dëser Bedruchsmasch besser ze schützen?

**Réponse commune** (17.03.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure*, et de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1. Der Police ass kee Fall bekannt, wou eng Fra hei zu Lëtzebuerg vun dëser Affär concernéiert ass.

ad 2. Et ginn Ermëttlungen betreffend d'Infractionen vun „escroquerie“ gefouert, an do fällt de „Love Scam“ drënner. Et ass awer net méiglech, eng genau Unzuel vu „Love Scam“-Fäll unzeginn, well keng Statistike betreffend dës spezifesch Infraction gefouert ginn.

ad 3. D'Police mécht scho säit Joren op hirem Internetsite ënnert der Preventiounsrubrik op d'Geforen aus dem Internet opmierksam. Et ass och eng speziell dediéiert Rubrik mat Conseilen iwwert d'Bedruchsmasch „Love Scam“ op där Säit ze fannen. Hei gëtt och op den Internetsite vu BeeSecure verwisen, dee sech ausgiebig mat dësem Thema befaasst.

Doriwwer eraus kann een och nach d'Preventiounsservice vun der Police ernimmen, déi am direkte Kontakt mam Bierger sinn, sief et a Schoulen, Altersheimer, Foiren, Wochemäert oder bei allgemenge Berodungen. Dës thematiséieren och reegelméisseg déi divers Bedruchsmaschen aus dem Internet.

**Question 5783** (17.02.2022) de **M. Gusty Graas** (DP) concernant la **protection du patrimoine culturel arménien** :

Le 7 décembre 2021, la Cour internationale de justice a ordonné l'Azerbaïdjan de protéger le patrimoine culturel et religieux arménien. Cependant, il me revient que de nombreuses destructions de biens culturels continuent à se produire dans et autour de la zone du conflit du Haut-Karabakh, zone disputée entre l'Arménie et l'Azerbaïdjan.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Culture et à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Madame et Monsieur les Ministres ont-ils pris des mesures, seuls ou en concert avec leurs homologues, afin de faire respecter la Convention de 1954 pour la protection des biens culturels en cas de conflit armé et ses deux protocoles ? Dans la négative, Madame la Ministre et Monsieur le Ministre envisagent-ils de réagir à ces développements ?

2) Madame et Monsieur les Ministres sont-ils favorables à une mission sur le terrain par l'Organisation des Nations Unies pour l'éducation, la science et la culture (Unesco) ?

3) Les Ministères mènent-ils des actions de sensibilisation à l'égard de la nécessité de protéger le patrimoine culturel en période de conflit ? Dans la négative, est-ce que les ministres estiment opportun de lancer une telle initiative ?

**Réponse commune** (18.03.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1) La « protection renforcée » de biens culturels, telle que prévue par le Deuxième Protocole de 1999 de la Convention de La Haye (1954) est gouvernée par une procédure multilatérale clairement définie qui ne prévoit pas d'éventuelles actions unilatérales de la part du Luxembourg. En effet, seul un État partie au Deuxième Protocole (1999) de la Convention de 1954 qui a la juridiction ou le contrôle sur un bien culturel peut soumettre une demande d'octroi de protection renforcée au Comité pour la protection des biens culturels en cas de conflit armé, tel qu'instauré par le Deuxième Protocole. Il revient donc à l'État concerné de demander la protection renforcée et à la communauté internationale de décider les mesures à prendre en cas de violation de cette protection internationale selon les dispositions prévues par la Convention de La Haye et ses deux protocoles. Le Luxembourg ne fait pas partie des douze États qui composent le Comité pour la protection des biens culturels, mais suit ses travaux en tant qu'observateur et État partie de la Convention et de ses protocoles.

Notons que parmi les 17 biens inscrits actuellement sur la liste des biens culturels sous protection renforcée figurent le Monastère de Gherart et la Haute vallée de l'Azat pour l'Arménie, et la Cité fortifiée de Bakou avec le palais des Shirvanshah et la Tour de la Vierge et le Site archéologique de Gobustan pour l'Azerbaïdjan

ad 2) L'Unesco a proposé d'effectuer une mission d'expertise indépendante sur le terrain pour dresser un inventaire préliminaire des biens culturels les plus significatifs, comme préalable à une protection effective du patrimoine de la région. Les États membres du Comité pour la protection des biens culturels en cas de conflit armé ont salué cette initiative et confirmé le besoin d'une mission d'évaluation de la situation des biens culturels dans et autour du Haut-Karabakh. L'Unesco a effectué des propositions et mené des consultations approfondies afin de mettre en place cette mission qui, dans le cadre de la Convention, requiert l'accord des parties.

ad 3) Le Luxembourg est engagé de plusieurs façons dans la protection du patrimoine culturel en période de conflit, y compris en termes de sensibilisation, cela aussi bien à travers les textes normatifs et l'appui à l'adoption de conclusions et résolutions y relatives au niveau multilatéral (p. ex. Conclusion du Conseil de l'Union européenne du 21 juin 2021 sur l'approche de l'UE à l'égard du patrimoine culturel en période de conflit et de crise ; Résolution n° 2347 (2017) du Conseil de sécurité des Nations Unies ; Convention-cadre du Conseil de l'Europe sur la valeur du patrimoine culturel pour la société, etc.) qu'au niveau de la législation nationale (p. ex. dispositions dans la loi sur le patrimoine du 25 février 2022 relatives au trafic illicite de biens culturels qui est souvent corolaire aux conflits) et d'organismes spécialisés (Unesco, Aliph, Iccrom, etc.).

Le Luxembourg fait en outre partie du groupe de travail à composition non limitée d'États parties à la Convention du patrimoine mondial en conformité avec la décision 44 COM 8 et portant réflexion sur les sites associés aux mémoires de conflits récents et à d'autres mémoires négatives. Le groupe de travail est appelé à soumettre au Comité du patrimoine mondial des propositions de recommandations sur les questions techniques : Valeur universelle exceptionnelle, authenticité en conformité avec le critère (vi) de la Convention du patrimoine mondial, ainsi que sur les moyens de gérer les tensions potentielles. Ce groupe de travail a été institué en décembre 2021 suite à la 44<sup>e</sup> session élargie du Comité du patrimoine mondial.

**Question 5784** (18.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **section des sports d'élite de l'armée** :

Am Moment besteet fir d'Spëtzsportler an déi, déi et kéinte ginn, d'Section des sports d'élite de





l'armée. Hei kënnen d'Sportler no enger Grondausbildung Deel vun der Arméi ginn an esou ee reegelmeissegst Akommes kréien, a gläichzäiteg Zäit hu fir sech op hire Sport ze konzentréieren. Zudeem gëtt et fir Staatsugestallten eng änlech Dispositioun, notament den Horaire aménagé, deen am Artikel 14 Punkt 1 vum Sportsgesetz vum 3. August 2005 steet a Folgendes virgesäit:

« Un horaire de travail aménagé peut être introduit dans l'intérêt des sportifs d'élite occupés dans le secteur public. Par secteur public il y a lieu d'entendre l'État, les communes, les syndicats de communes, les établissements publics et la société nationale des chemins de fer luxembourgeois. »

An deem Zesummenhang wëilt ech de Ministere fir Verdeedegung, fir den ëffentlechen Déngscht a fir Sport dës Froe stellen:

1. Wéi vill Sportler(innen) sinn an der Arméi als Sportzaldot agestellt?

2. Wéi enge Federatiounen gehéieren dës Sportler(innen) un?

3. Vu wéi engem Budget ginn d'Depensé fir d'Salairé fir d'Sportler(innen) aus der Section des sports de l'armée bezuelt, an op wéi vill belafen sech déi järelech Ausgabe fir de Staat fir déi Sektoun?

4. Wéi ass deen Horaire aménagé an der Fonctioun public gereegelt? Wat ass hei d'Base légale nieft dësem Saz aus dem Gesetz vum 2005?

5. Kënnen d'Ministernen d'Ënnerscheeder tëscht dem Congé sportif an dem Horaire aménagé méi genau erklären? Ginn et hei Ënnerscheeder an de Krittären, déi eng Persoun muss erfëllen, fir dovun ze profitéieren?

6. Ënnert wéi enger Form gëtt deen Horaire aménagé aarbechtsrechtlech ofgeschloss (Avenant zum Aarbechtsvertrag, Arrêté...)?

7. Wéi vill Agente profitéiere momentan vun esou engem Horaire aménagé?

8. Wéi vill Agenten hunn an deene leschte fënnf Joer vun esou engem Horaire profitéiert?

**Réponse commune** (17.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*, de **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique*, et de **M. Georges Engel**, *Ministre des Sports* :

ad 1. An der „Section de sports d'élite de l'armée“ sinn am Moment 29 Sportler.

ad 2. Déi 29 Sportler deelen sech op folgend Verbänn op:

- 2 Sportler aus der Fédération luxembourgeoise de ski (FLS),
- 3 Sportler aus der Fédération luxembourgeoise de tennis de table (FLT),
- 5 Sportler aus der Fédération luxembourgeoise de basket ball (FLBB),
- 4 Sportler aus der Fédération luxembourgeoise de triathlon (FLTRI),
- 2 Sportler aus der Fédération luxembourgeoise d'athlétisme (FLA),
- 2 Sportler aus der Fédération luxembourgeoise de natation et de sauvetage (FLNS),
- 1 Sportler aus der Fédération du sport cycliste luxembourgeois (FSCL),
- 1 Sportler aus der Fédération luxembourgeoise de boxe (FLB),
- 1 Sportler aus der Fédération luxembourgeoise de volleyball (FLVB),
- 2 Sportler aus der Fédération luxembourgeoise de tennis (FLT),
- 2 Sportler aus der Fédération luxembourgeoise de handball (FLH),
- 1 Sportler aus der Fédération luxembourgeoise de tir à l'arc (FLTA),
- 1 Sportler aus dem Sport automobile (ACLSPORT)
- 1 Sportler aus der Fédération luxembourgeoise de football (FLF),
- 1 Sportler aus der Fédération luxembourgeoise des arts martiaux (FLAM).

ad 3. Déi järelech Salairé vun de Sportzaldote belafen sech op ongeféier 780.000 Euro a lafen iwwert de Budgetsartikel 01.6.11.005.

ad 4. D'Base légale fir den „Horaire aménagé“ fir d'Spëtzesportler ass am Artikel 14 Punkt 1 vum ofgeännerte Sportsgesetz vum 3. August 2005 festgehalten:

« Art. 14. Des mesures d'appui particulières pour le sportif d'élite

Un horaire de travail aménagé peut être introduit dans l'intérêt des sportifs d'élite occupés dans le secteur public. Par secteur public il y a lieu d'entendre l'État, les communes, les syndicats de communes, les établissements publics et la société nationale des chemins de fer luxembourgeois. »

Nieft dem Saz aus dem ofgeännerte Sportsgesetz vum 3. August 2005 gëtt et soss keng Base légale déi den „Horaire aménagé“ an der Fonctioun publique reegelt.

ad 5. Den „Horaire aménagé“ ass ganz kloer limitéiert op Elittesportler, déi als solch vum COSL un-

erkannt sinn, an déi en plus schonn am définéierte Secteur public schaffen.

Den Artikel 13 aus dem Sportsgesetz seet effektiv do Folgendes: « Le terme sportif d'élite vise les athlètes dont la qualification sportive est reconnue en tant que telle par le COSL. »

De „Congé sportif“ ass engersäits limitéiert op verschidde Kategorië vu Leit, wou ënner anerem den Elittesportler drënner fält, mee och beispillsweis déi Leit, déi hie betreiën, awer och op verschidden Evenementer. Contrairement zum „Horaire aménagé“, ass de „Congé sportif“ net un d'Aarbechtsplaz vum Demandeur gebonnen. Deemno kann zum Beispill och e Sportler, deen Independent ass oder bei engem private Patron schafft, de „Congé sportif“ ufroen, wann déi aner Konditiounen erfëllt sinn. De „Congé sportif“ ass en plus och limitéiert an der Unzuel un Deeg, déi ee ka pro Joer kréien.

Als eligibel gëllen, laut den ofgeännerten Ausféierungsbestëmmunge vum 30. Abrëll 1991, folgend international Evenementer:

« en ce qui concerne les sportifs d'élite et leur personnel d'encadrement

- les compétitions figurant au programme officiel des Jeux olympiques et Jeux paralympiques d'été et d'hiver ainsi que celles des programmes de démonstration autorisés par le Comité international olympique ;

- les compétitions mondiales et européennes organisées par les fédérations internationales compétentes ou avec leur coopération et réservées, sur le plan individuel ou collectif, aux sélections ou équipes nationales des catégories d'âge auxquelles elles s'adressent ;

- les compétitions internationales comprenant tant les phases finales que qualificatives et les stages auxquels les sportifs d'élite sont inscrits par le Comité olympique et sportif luxembourgeois ou leur fédération et qui ont pour but d'améliorer leurs performances et de parfaire leur préparation ;

[...]

Le congé sportif est limité à douze jours par an et par bénéficiaire.

Le Gouvernement peut déroger à la limitation de douze jours sur proposition motivée du ministre compétent pour les membres d'un modèle spécial de préparation des cadres nationaux appuyé par l'État et le COSL, pour les membres du cadre de sportifs d'élite et pour les sportifs d'élite qui préparent une participation olympique ou paralympique. »

ad 6. De jeeweilege Patron decidéiert selwer ënner wéi enger Form hien den „Horaire aménagé“ formaliséiert. Dat kann ënner Form vun enger Conventioun sinn oder engem einfache Courrier. Et gëtt keng virgeschriwwen Prozedur déi d'Form vum „Horaire aménagé“ reegelt.

ad 7. Aktuell profitéiere fënnf Elittesportler vun deem „Horaire aménagé“.

ad 8. An de leschte fënnf Joer hu weider dräi Persounen vun där Mesure fir d'Elittesportler profitéiert.

**Question 5786** (21.02.2022) de **MM. André Bauler** et **Gilles Baum** (*DP*) concernant la **couverture médicale dans le nord du pays** :

Ëmmer méi Leit aus der Nordspëtzt bekloe sech driwwer, datt et immens schwéier ass fir an den Owesstonnen, nuets an de Weekend en Dokter ze fannen, deen Hausbesich mécht. Dacks kënnen d'Leit sech net selwer beweegen, well se Féiwer hunn, ënner enger Verletzung oder engem Malaise leiden. De Moment firt bal kee Generalist méi owes oder nuets am ieweschten Éislek eraus fir dréngend Visitten ze maachen.

D'Distanze spille besonnesch bei schlechtem Wieder eng Roll, a wann ee seriöus krank ass, dann ass den Transport op Ettelbréck an d'Klinick oder an d'Maison médicale net evident.

Aus deene Grënn wollte mir folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

- A wat fir engem Mooss an zu wat fir engen Auerzäite kann d'Klinick zu Woltz Patienten en charge huelen?

- Ass et méiglech fir am Kanton Clief eng (Annexe vun der) Maison médicale (vun Ettelbréck) opzemaachen fir der betraffener, staark wuessender Bevëlkerung wäit Deplacementer ze erspieren? Wéi stuuft d'Madamm Ministesch d'Opportunitéit vu sou enger Maison médicale an der Nordspëtzt an?

- Ass d'Madamm Ministesch bereet fir sech mat de betraffene Gemengen auszetauschen fir kuerzfristeng eng pragmatesch Léisung ze fanne bis eng Maison médicale geschaf ka ginn ?

**Réponse** (24.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

De Centre Hospitalier du Nord huet eng Policlinique am Spidol zu Woltz en Place gesat wou kleng Ur-

gencë kënnen en charge geholl ginn. D'Ëffnungszäite si vu 7.00 Auer moies bis 19.00 Auer owes souwuel an der Woch wéi och de Weekend. Méi schwéier Urgence ginn am Spidol zu Ettelbréck en charge geholl.

Doriwwer eraus hält de Gesondheitsministère un der aktueller Praxis fest, dat eng Maison médicale, grad sou wéi eng eventuell Annexe dovun, ëmmer an der direkter Proximitéit vun engem Akkutspidol muss fonctionéieren. Am Fall vun Kanton Clief, wéi iwweregens fir all déi aner Deeler vum Land, wou zur Zäit keng Maison médicale an direkter Ëmgéigend ass, setzt de Gesondheitsministère weiderhin op déi sougenannten Cabinets de groupe, also Praxen wou op d'mannst 4 Generaliste schafen an d'Ëffnungszäiten och op den Owend a Weekends ausgedeeent ginn. An deem Sënn ass och de Wëllen do fir en Austausch mat de betraffene Gemengen, fir eng Léisung ze fannen.

**Question 5788** (21.02.2022) de **Mme Octavie Modert** (*CSV*) concernant les **informations erronées en ligne** :

Bei der Internetsuchmaschinn Google fënnt ee bei der Adresse vun Dokteren, Betriber, Geschäfte asw. net méi den Numm vun de jeeweilegen Dierfer, mee ëmmer just nach dee vun der Gemeng. Et ginn also deelweis Adressen uginn, déi guer net existéieren. Dës Onkloerheete féiere fir vill Leit zu Konfusiounen, vill Bréiwer oder Päck ginn op falsch Plaze geschéckt a vill Leit fueren op déi falsch Dierfer.

Ech wëilt dofir folgend Froen un d'Madamm Minister fir Konsumenteschutz an un d'Madamm Innenminister stellen:

- Ass d'Regierung sech dësem Problem bewosst? Wa jo - wat ass geplangt, fir géint dës Irreféierung vun de Bierger virzegoen?

- Gëtt et niewent Google nach aner Betriber oder Internetsuchmaschinnen, wou d'Adresse falsch ugi ginn?

- Ass geplangt, fir bei der uewe genannter Firma oder bei anerem, och offiziellen, Instanzen ze intervenéieren?

**Réponse** (18.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Protection des consommateurs* :

Déi honorabel Deputéiert huet eng Serie Froen am Zesummenhang mat der Internetsuchmaschinn Google gestallt.

Déi beschriwwen Demarche ass Konsumenten, déi op déi Services vun där Firma zrëckgräifen, sécherlech bekannt. Deemno fannen d'Léit net déi Plaz, déi se sichen, ouni dass onbedéngt vun Irreféierung am Sënn vum Code de la consommation ka geschwat ginn.

Et ass och esou, dass dem Verbraucher nach aner Suchmaschinnen zur Verfügung stinn. Do der-niewent kann hien och op Informatiounen zrëckgräifen, déi iwwert „open data“-Quellen zougänglech sinn, wéi zum Beispill de Geoportail, deen et och erlaabt, Itinéraires ze konfiguréieren.

D'Regierung wäert trotzdeem mat Google Réckspiroch huele fir ze kucken, dass och d'Dierfer an hirer Suchmaschinn consideréiert ginn.

**Question 5792** (22.02.2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*) concernant les **arnaques par message électronique** :

Régulièrement, les utilisateurs des services e-mail sont confrontés à des convocations falsifiées de la part des services policiers luxembourgeois ou étrangers pour des délits qu'ils auraient commis. Ces messages spam d'un très mauvais goût contiennent des menaces ouvertes en cas d'absence de réaction de la part des destinataires.

Rien qu'au cours des derniers jours, la Police grand-ducale a été contactée par quelque 200 victimes de ce type.

1) Compte tenu de ces désagréments pour les personnes concernées ainsi que du travail supplémentaire pour la police, qui est déjà débordée, j'aimerais savoir de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure quels sont les moyens de la police tant luxembourgeoise qu'internationale pour mettre un terme à ces messages malveillants.

2) Comme il semble s'agir de délinquants internationaux, est-ce que les responsables ont déjà pu être identifiés ?

3) Quelles sont les peines que risquent les auteurs de tels délits ?

4) Quelles sont les recommandations à l'attention des victimes ?

5) Quelle est, en général, l'étendue des appels malveillants dont la police est saisie ?

**Réponse** (04.03.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1) Sur base des informations extraites des e-mails indésirables, les recherches nécessaires sont

effectuées par la Police grand-ducale et, si nécessaire, des demandes d'entraide internationale sont sollicitées. Mais, en général, il est malheureusement illusoire d'espérer pouvoir mettre un terme à ce type de messages malveillants via e-mail.

ad 2) Le ministre ne peut pas fournir des informations sur des enquêtes en cours.

ad 3) Concernant les messages actuels transmis au nom de la Police grand-ducale avec des noms réels à l'appui, les faits peuvent être qualifiés d'usurpations d'identité qui sont passibles de peines d'emprisonnement de huit jours à trois mois respectivement d'amendes de 251 euros à 5.000 euros (articles 231 et 232bis Code pénal).

Lorsqu'après la prise de contact, les auteurs transmettent des revendications, les faits peuvent être qualifiés de tentatives d'escroquerie qui sont passibles de peines d'emprisonnement de quatre mois à cinq ans et d'amendes de 251 euros à 30.000 euros (article 496 Code pénal).

ad 4) Depuis des années, la Police grand-ducale tente de sensibiliser le public sur les dangers de l'internet sous la rubrique « prévention » de son site Internet officiel, notamment dans la sous-rubrique « Dangers sur Internet ». Le site Internet de la police renseigne entre autres également sur le site Internet de l'initiative gouvernementale Bee Secure.

Une campagne de sensibilisation spécifique de la part de la police n'existe pas, toutefois ses services prévention, qui sont en contact direct avec les citoyens dans les écoles, les maisons de retraite, sur les foires et marchés ainsi que lors des consultations, thématisent régulièrement les différentes méthodes d'escroquerie via Internet.

S'y ajoutent les messages de prévention réguliers dans la presse luxembourgeoise et dans les médias sociaux.

D'ailleurs, tout récemment encore, et ce à plusieurs reprises, la police a rendu attentif à précisément cette nouvelle escroquerie mentionnée par l'honorable Député.

ad 5) La police ne dispose pas de statistiques quant au moyen utilisé pour effectuer une infraction.

**Question 5793** (22.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant l'**autorisation d'exercer des médecins** :

An der Äntwert op d'Fro Nr. 2979 vum 13. Oktober 2020 sot d'Ministesch:

„Well zurzäit weeder an dësem Fall nach an engem anere Fall d'Situatioun sech presentéiert huet, datt e Medezinner, deen zu Lëtzebuerg exerzéiert, no dem Ausstelle vu senger Autorisation d'exercer zu Lëtzebuerg säin Droit d'exercer am Ausland komplett an definitiv verluer huet, ass et nach net zu dem Émstand komm, deen den honorablen Deputéierte beschreift. Fir sou Fäll awer virzebeugen, analyséiert de Gesondheitsministère zurzäit, wéi eng nei gesetzlech Reegel kéint an deem Fall gräfen, fir datt eng komplett an definitiv Radiatioun am Ausland d'office kéint zu enger Radiatioun zu Lëtzebuerg féieren.“

An deem Zesummenhang wëilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

- Goufen déi ugeschwaten Analyse schonn ofgeschloss? Falls jo, zu wéi enge Konklusiounen ass ee komm? Falls nee, firwat net a bis weini ass mat engem Resultat ze rechnen?

**Réponse** (24.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

De Gesondheitsministère huet effektiv, déi an der Äntwert op d'Fro Nr. 2979, ugedeiten Analyse ofgeschloss. D'Konklusioun dovun ass, datt dat ofgeännert Gesetz vum 29. Abrëll 1983 iwwer den Exer-cice vun de Medeziner, Zännokter a Vétérinaire ugepasst muss ginn, fir eng nei gesetzlech Reegel anzeféieren. Dës Reegel gouf virgesinn datt, am Fall wou eng Persoun déi zu Lëtzebuerg eng Zouloossung an engem vun deenen dräi Beruffer huet, an an engem anere Land eng Strof géint dës gesprach ginn ass am Kader vun där hier Zouloossung suspendéiert ginn ass, verléiert si hiert Recht zu Lëtzebuerg ze exerzéieren, fir déi selwecht Peri-ode. Am Kader vun enger nächster Upassung vum uewegenannte Gesetz vum 1983, géif eng Bestëmmung an deem Sënn mat afléissen.

**Question 5795** (22.02.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant les **formations du CGDIS** :

Fir all aktive Member vum CGDIS ass et eng Obligation, fir reegelméisseg Coursë matzemaachen. Dës sinn eréischt no engem Examen ofgeschloss. Laut mengen Informatiounen, besteet esou e Cours aus dräi „Basis-FIS-Coursen“ mat eenzele Moduler. Et ass am Interess vum der Saach, datt dës Coursen esou séier ewéi méiglech kënnen ofgehalen ginn.





An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Ma-damm Banneminister:

1. Wéi vill där Coursë goufen an de leschten dräi Joer ofgehalen, opgeschlësselt no eenzele Kategorien?

2. Laut mengen Informatiounen sinn eenzel Coursen ofgesot ginn, obschonn se voll besat waren. Ëm wéi vill Coursen handelt et sech hei a wat waren d'Grënn, firwat datt dës Coursen ofgesot goufen?

**Réponse** (10.03.2022) de **Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur** :

De Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) ass en autonomen Etablissement public. Deemno intervenéiert d'Inneministesch net am alldeegleche Fonctionnement vum CGDIS, an den Inneministère huet och keng Kenntnisser zu deene gestallte Froen.

De CGDIS verëffentlecht all Joer e Rapport d'activités, an deem d'Unzuel vu Coursen, déi vum INFS ofgehalen ginn, sou wéi d'Unzuel vun alle Participoanten, déi un dëse Coursen deelgeholl hunn, opgefouert ginn. De Rapport d'activités, deen iwwregens all Deputéierten zougestallt kritt, kann och um Internetsite vum CGDIS ([www.112.lu](http://www.112.lu)) erofgeluede ginn.

**Question 5796** (23.02.2022) de **M. Sven Clement (Piraten)** concernant le **syndrome de la Havane** :

A menger parlamentarescher Fro N° 5373 huet den Ausseminister erkläert, dass hie keng weider Informatiounen zu Fäll vum „Havanna Syndrome“ zu Lëtzebuerg hätt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Aussenugeleeënheeten dës Froen stellen:

1. Ginn et laut Informatiounen vum Minister weder Fäll nach Verdachtsfäll vum „Havanna Syndrome“ hei am Land?

2. Wéi ee Service am Ausseministère oder engem anere Ministère ass zoustänneg, fir Informatiounen zum „Havanna Syndrome“ ze verwalten?

3. Am Fall wou eng Persoun mengt, Affer vun enger Attack ginn ze sinn, déi d'Havanna-Syndrom zur Folge huet, u wie kann dës Persoun sech adresséieren, fir dës Virfäll ze mellen? Wéi eng Autoritéit wier responsabel, fir esou Fäll ze traitéieren?

**Réponse** (17.03.2022) de **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** :

Der Regierung si keng Fäll vum Havanna-Syndrom zu Lëtzebuerg bekannt.

Deene Bierger, déi gesondheetlech Probleemer opweisen, gëtt selbstverständlech geroden, sech un éischter Stell un hiren Dokter ze wenden.

**Question 5805** (23.02.2022) de **MM. Jeff Engelen** et **Fernand Kartheiser (ADR)** concernant le **bruit routier** :

A senger Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 5467 schreift den Här Minister mat Bezuch op sonor Radaren, datt „différents seuils d'émissions sonores sont applicables“.

Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an un den Här Policeminister:

1. Kaméidi duerch de Stroosseverkéier ass an eiser Gesellschaft praktesch dee ganzen Dag present. De stéierenden, jo ongesonde Kaméidi gëtt vun der Medezinn an eendeitegen Deziibelzuele festgemaach. Firwat sinn déi ënnerschiddlech Kaméidiwäerter, opgrond vu medezinneschen Erkenntneser, bis elo net op ee prezise maximalen Deziibelwäert limitéiert ginn?

2. Ass et de Sécherheetskäfte méiglech, ouni genee Miessung vum Kaméidi an ouni Radarënnestütz, eenzel Gefierer, déi am Stroosseverkéier als extreem haart opfalen, unzehalen? Wéi eng Interventiounsméiglechkeete bestinn an esou engem Fall?

**Réponse commune** (31.03.2022) de **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**, et de **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure** :

Déi honorabel Deputéiert froen zousätzlech Informatiounen zu dem Kaméidi am Stroosseverkéier. An dësem Zesummenhang ass besonnesch op d'Äntwert zu der parlamentarescher Fro N° 2208 vum 14. Mee 2020 souwéi op d'Äntwert zu der parlamentarescher Fro N° 1005 vum 1. August 2019 ze verweisen. An dësen Äntwerten ass detailléiert opgefouert, wat d'Limitten am Beräich vum Kaméidi sinn, déi d'Gefierer mussen anhalen, fir eng europäesch Homologation ze kréien an esou an engem europäesche Land zougelooss kënnen ze ginn. Nieft dësem europäesche Kader ass och op den Artikel 25 vum „Arrêté grand-ducal modifié du 23 novembre 1955 portant règlement de la circulation

sur toutes les voies publiques“ ze verweisen. An dësem Artikel ginn och spezifesche db(A)-Wäerter festgeluecht, déi fir eng Eenzelofnam, heescht eng Zouloossung vun engem Gefier, wat keng Homologation huet oder modifizéiert gouf, agehale mussen ginn. Et sief awer betount, dass d'SNCA bis den Oktober 2021 just eng Standmiessung konform zu enger ISO-Norm bei enger Eenzelofnam verlaangt huet. Dës Miessung ass allerdéngs net identesch zu der Homologationsmiessung, déi dynamesch an engem bestëmmten Dréizuelberäich an enger spezifescher Vitess gemaach gëtt. Sait Oktober 2021 applizéiert d'SNCA fir Eenzelofnamen vu Gefierer, déi no 1995 eng éischte Kéier zougelooss goufen, Dispositiounen aus der UNECE-R51-Regelung (Revisioun 2). Deemno gëtt seit leschem Joer bei enger Eenzelofnam d'Gefier och ënnert dynamesche Konditiounen gepréift. Zousätzlech dozou gëtt wéi an der Homologation eng Standreferenzmiessung konform zu der R51 duerchgefouert, wouduerch d'Police et an Zukunft méi liicht soll hunn, d'Geräischemissioun vum Gefier ze iwwerpréiwen. Am Ënnerscheid zu de Standmiessungen aus der ISO-Norm gesäit R51 daitlech manner Ofstand tëschent dem Auspuff an dem Miessapparat vir, wouduerch manner fréi Plaz ronderëm d'Gefier néideg ass, fir keng Schallréckkopplungen bei enger Miessung ze vermeiden a wouduerjer Ëmweltaflëss daitlech reduzéiert kënnen ginn.

Aus dësen Erklärungen geet ervir, datt d'Stroossegefierer, déi hir jeeweileg-Grenzwaerter anhalen, och mussen fir de Stroosseverkéier zougelooss ginn. Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 2208 erkläert, ginn déi maximal Grenzwaerter vun de Geräischemissiounen awer progressiv erof. Et sief awer och drop higewisen, datt eng vun den effizientsten Methoden, fir de Kaméidi vum Stroosseverkéier ze reduzéieren, déi ass, d'Unzuel vu Gefierer, déi op enger bestëmmter Plaz fueren, ze reduzéieren.

Wat Kontrollen ubelaangt, esou gesäit de Code de la Route vir, datt all Gefier sech an engem gudden techneschen Zoustand befinde muss, fir op den öffentliche Stroossen kënnen ze zirkuléieren. Deemno dierf och den Auspuff net manipuléiert ginn an dierf net ze vill Kaméidi maachen. Zousätzlech dozou muss d'Gefier sämtlech Grenzwaerter, déi op europäeschem oder gegebenefalls nationalem Niveau festgeluecht goufen, anhalen.

Am Kader vun hire reegelméisseg Verkéierskontrollen iwwerpréift d'Police den allgemengen techneschen Zoustand vun de Gefierer. Sou wäit et méiglech ass, ginn an dësem Kader och d'Auspuffanlage kontrolléiert. An deem Kontext gi reegelméisseg Avertissements taxés ausgestallt, déi am Tableau heidrënner opgeléist sinn.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - recherche n° de la question.)

Do dernieft kënnen déi Gefierer, déi hei zu Lëtzebuerg immatrikuléiert sinn an net de reglementareschen technesche Bestëmmungen entsprechen, op Initiativ vun der Police iwwert de Ministère fir Mobilitéit an öffentliche Aarbechte vun der SNCA zu engem zousätzleche Contrôle technique convoquéiert ginn. Kënn de Propriétaire dëser Opfuederung net no, dann ass dat Gefier net méi am öffentliche Verkéier zougelooss an d'Gro Kaart kann agezu ginn.

Nieft dëse Beméiungen ass och amgaange gekuckt ze ginn, fir, wéi schon uewe beschriwwen, d'Standreferenzmiessung, déi am Kader vun der Homologation oder enger Eenzelofnam nieft der dynamescher Miessung gemaach gëtt, als Referenz ze huelen, fir bei Kontrolle vun der Police méi einfach iwwerpréiwungen duerchzuféieren. Esou kennen d'Beamten een Indiz kréien, ob ee Gefier ze vill Kaméidi kéint maachen an net méi senger ursprénglecher Homologation entsprécht.

**Question 5808** (23.02.2022) de **Mmes Myriam Cecchetti** et **Nathalie Oberweis (déi Lénk)** concernant le **contact tracing** :

Suite à votre réponse à notre question parlementaire n° 5501 concernant les conditions de contrats d'embauche dans le cadre du contact tracing, nous voudrions vous demander des précisions cette fois-ci quant aux conditions salariales concrètes dans lesquelles les personnes en CDD auprès du contact tracing sont actuellement embauchées.

En effet, Madame la Ministre de la Santé et Monsieur le Ministre du Travail nous ont fourni les informations concernant les différents types de contrats actuellement en vigueur au sein du contact tracing. Nous avons dès lors pu constater qu'il existe une grande diversité de contrats au sein du CT. De même, nous avons pu prendre connaissance du fait qu'une partie des contrats sont engagés avec une entreprise privée. Vous indiquez d'ailleurs clairement le nom de cette entreprise et le nombre de personnes concernées par ces contrats, à savoir 27

personnes dans votre réponse à notre question parlementaire n° 5501.

Partant, nous aimerions vous demander de nous éclaircir sur ces aspects :

1) Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils nous détailler les salaires afférents aux différents contrats en vigueur dans le cadre du CT ?

2) Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils nous expliquer les conditions de la collaboration entre la Direction de la Santé avec l'entreprise privée en question ? Depuis quand cette collaboration est-elle en place et de quand date les premiers contrats de personnel du CT engagés par l'entreprise privée en question ?

3) Quelles sont les raisons sous-jacentes à la collaboration avec l'entreprise privée évoquée dans votre réponse à notre question parlementaire ?

Par ailleurs, nous avons été mis au courant du fait que les activités de la hotline du CT seraient désormais sous gestion privée.

3) Cette information est-elle véridique ?

4) Dans l'affirmative, s'agit-il pour le personnel de la hotline du CT des personnes actuellement sous contrat avec l'entreprise que vous mentionnez dans votre réponse à notre question parlementaire ?

5) Toujours dans l'affirmative à notre troisième question, quelles sont les conditions salariales et la durée des contrats actuellement proposés par l'entreprise privée en question ?

6) Encore dans l'affirmative à notre troisième question, d'autres embauches par cette même entreprise dans le cadre du CT sont-elles prévues, voire ont-elles lieu actuellement ?

7) De manière générale, est-il prévu d'externaliser les activités du service du contact tracing dans le cadre de futures collaborations avec d'autres entreprises privées ? Le cas échéant, veuillez-nous fournir des précisions sur les activités et entreprises concernées.

8) Madame et Monsieur les Ministres ont-ils prévu de faire publiquement part de leurs décisions quant à d'éventuels externalisations vers des entreprises privées d'activités du CT en cours ou à venir ? Une consultation du parlement à ce sujet est-elle envisagée ?

Dans sa réponse à notre question parlementaire n° 5501, Monsieur le Ministre du travail nous a fait également savoir qu'un projet de loi serait en préparation portant dérogation temporaire aux articles L.122-4 paragraphe 1 et L.122-5 paragraphe 1 du Code du travail qui permettrait de prolonger les CDD conclus dans le cadre de la loi Covid jusqu'à 60 mois. Monsieur le Ministre souligne que « cette solution est intéressante pour le contact tracing car elle permettrait de conserver sous CDD les personnes qui ont déjà acquis une certaine expérience au sein du contact tracing. ».

Devant ces informations, nous aimerions vous poser les questions suivantes :

9) Dans la mesure où il serait fait usage de la dérogation susmentionnée, Monsieur le Ministre peut-il m'expliquer en quoi une prolongation des CDD conclus jusqu'à 60 mois sera préférable à une embauche sous CDI ?

10) Comment Monsieur le Ministre justifie-t-il l'inscription dans le texte de loi en question d'une durée de prolongation des CDD en question fixée à 60 mois ? Sur quelles prévisions Monsieur le Ministre se fonde-t-il pour estimer la prolongation des CDD en question jusqu'à 60 mois ?

**Réponse commune** (25.03.2022) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**, et de **M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire** :

ad 1) Le personnel affecté au contact tracing dispose de différents contrats en fonction de sa provenance.

Le personnel de la réserve sanitaire est engagé via des contrats étatiques conclus avec la fonction publique. La rémunération est fixée en fonction du niveau d'études du personnel et une allocation de repas s'y ajoute le cas échéant.

Pour ce qui est des volontaires, ceux-ci sont engagés par des contrats d'une durée de 6 mois et reçoivent un repas gratuit par jour. Dans le cas où ces personnes effectuent un minimum de 200 heures, ils touchent une prime de 3.000 euros. Les personnes dites bénévoles ne touchent ni indemnité ni prime, mais reçoivent un repas gratuit par jour.

Le personnel détaché de la Luxair perçoit son salaire habituel ainsi qu'un repas par jour. Le personnel se trouvant sous contrat de type OTI de l'ADEM est rémunéré en fonction de son niveau de diplôme. En ce qui concerne le personnel sous contrat avec PwC Luxembourg (ci-après « PwC ») et Samsic Facility Luxembourg (ci-après « Samsic »), celui-ci perçoit le salaire minimum correspondant

au niveau de diplôme de fin d'études secondaires et a droit soit aux chèques repas, soit à un repas gratuit par jour.

Parallèlement, au vu de la hausse de cas Covid-19 en début d'année, la helpline du contact tracing a été renforcée par du personnel mis à disposition par la société LDL Connect depuis le 3 janvier 2022. Les conditions salariales de ce personnel dépendent des qualifications des personnes. Elles perçoivent soit le salaire minimum qualifié, soit le salaire minimum non qualifié.

Finalement, le personnel détaché de la fonction publique perçoit son traitement habituel ainsi que l'allocation de repas.

ad 2) Au vu du variant Omicron qui a fait son apparition fin 2021 et la hausse de cas Covid-19, le Conseil de Gouvernement a décidé en date du 10 décembre 2021 de procéder via la publication d'un marché public au recrutement de 50 ETP afin de renforcer les équipes du contact tracing. Un seul soumissionnaire a remis une offre, à savoir PwC avec comme sous-traitant Samsic. Tous les critères du cahier des charges étaient remplis si bien que l'offre de PwC a été jugée recevable. Les premières personnes ont été engagées le 3 février 2022 et le marché adjugé à PwC prendra fin en juin 2022.

Un deuxième appel d'offres sous forme de procédure ouverte européenne a été lancé par la Direction de la santé en date du 3 novembre 2021 afin de renforcer la helpline du contact tracing. La date limite de la soumission des offres avait été fixée au 2 décembre 2021. Dans le cadre de cette procédure, aucune offre n'avait été présentée alors que la date de début de prestations était prévue pour le 1<sup>er</sup> janvier 2022. La Direction de la santé a partant annulé le marché en question sur base de l'article 39 (3) a) de la loi modifiée du 8 avril 2018 des sur les marchés publics et en date du 10 décembre 2021, la Commission des soumissions a avisé favorablement le recours à la procédure négociée sans publication préalable. Un marché négocié a alors été conclu avec la société LDL Connect pour le renforcement de la helpline du contact tracing.

Le personnel sous contrat avec PwC et Samsic est essentiellement venu renforcer l'équipe des appelants le jour 1, constituée pour la majorité d'effectifs de l'Inspection sanitaire. Ce personnel est chargé d'appeler les personnes testées positives à la Covid-19 et devant être contactées le jour 1.

Le personnel de LDL Connect a été affecté essentiellement à la helpline du contact tracing.

ad 3) Au vu de la hausse des cas Covid-19 en lien avec le variant Omicron et vu des difficultés rencontrées pour recruter des agents étatiques à plein temps disponibles sur plusieurs mois, le Conseil de Gouvernement a effectivement décidé le 10 décembre 2021 de lancer un appel d'offres afin de pouvoir renforcer rapidement les effectifs du contact tracing.

En effet, le contact tracing n'était pas en mesure de fonctionner efficacement et de faire face à l'importante hausse de cas à retracer avec le seul personnel issu de l'Inspection sanitaire et de la réserve sanitaire. Par ailleurs, le personnel issu d'autres administrations publiques ne constituait qu'une solution à court terme, mais à long terme un relais a dû être assuré afin de permettre aux administrations d'assurer leurs propres missions. Ce relais ne pouvait être assuré qu'en ayant recours à des prestataires externes.

Le personnel de PwC est donc venu renforcer l'équipe des appelants le jour 1, constituée pour la majorité d'effectifs de l'Inspection sanitaire (combiné d'ETP).

En ce qui concerne la helpline du contact tracing, les effectifs de LDL Connect sont venus renforcer les effectifs qui étaient pour la majeure partie issus d'administrations étatiques et de la réserve sanitaire.

Aussi bien pour le contact tracing (équipes des appelants le jour 1) que pour la helpline du contact tracing, il est donc faux de dire que ces activités ont été placées sous gestion privée. Des prestataires d'entreprises privées sont venus renforcer les équipes présentes sans que la responsabilité de la gestion du Contact Tracing et de la helpline du contact tracing n'ait été déléguée à un des prestataires privés.

ad 4) Au vu de la hausse des cas Covid-19 en début d'année, la helpline du contact tracing a été renforcée par du personnel mis à disposition par la société LDL Connect depuis le 3 janvier 2022.

ad 5) Les contrats des effectifs du contact tracing prendront fin en juin 2022. Les contrats pour la helpline du contact tracing prendront fin en partie en avril 2022 et en partie en août 2022. Les conditions salariales dépendent du type de contrat sous lequel le personnel est engagé.

ad 6) Il n'est actuellement pas prévu d'embaucher du personnel supplémentaire dans le cadre du contact tracing.





ad 7) Dans la mesure du possible, les tâches du contact tracing sont assurées par des professionnels de santé sous contrat étatique, surtout en ce qui concerne le suivi de personnes testées positives à la Covid-19. En effet, le suivi par téléphone de ces personnes doit de préférence être assuré par des professionnels de santé sachant apporter réponse à des questions d'ordre médical et qui sont liées par le secret médical. Cependant, au vu de la hausse de cas Covid-19 en début d'année, une partie des activités a dû être assurée pour les raisons évoquées ci-dessus par du personnel sous contrat avec PwC afin qu'un suivi efficace des personnes testées positives puisse être assuré. Il n'est actuellement pas prévu d'externaliser ces tâches à d'autres entreprises privées, sauf si le volume de travail du contact tracing devenait effectivement si important qu'il ne pourrait plus être assuré par le personnel y affecté actuellement.

En ce qui concerne la helpline, les tâches sont différentes du contact tracing et se prêtent en effet mieux à être externalisées. Les réponses fournies sont standardisées et ne requièrent pas nécessairement des compétences aussi spécifiques que pour le contact tracing. Dès lors, pour la helpline, il est plus facile de recruter des personnes avec des profils de « call-taker » généralistes et de les former aux questions spécifiques relatives à la vaccination ou au contact tracing.

ad 8) Les externalisations de missions ont été citées dans les réponses précédentes. De manière générale, tous les appels d'offres sont disponibles sur le portal des marchés publics.

Si la Chambre des Députés souhaite aborder les détails concernant les marchés publics qui ont été réalisés en vue du recrutement de prestataires externes, les ministres sont à disposition pour apporter les réponses demandées.

ad 9) La durée est estimée suffisante par rapport à celle d'une pandémie et des CDD de 60 mois permettent de multiplier les ressources humaines affectées à une activité par 10 ou 20 durant le temps nécessaire. L'activité de tracing des maladies infectieuses en interpanémique étant d'une ampleur nettement plus limitée, ce personnel, s'il était engagé en CDI, devrait être réaffecté à des tâches très éloignées du tracing.

ad 10) Il s'agit effectivement d'une estimation large de la durée d'une pandémie et du surcroît de travail qu'elle engendre. Il n'existe pas de modèle qui puisse prédire avec certitude la durée d'une pandémie telle que nous la connaissons. Ceci étant dit, l'estimation de la prolongation des CDD jusqu'à 60 mois est fondée sur base de l'article 122-4 ainsi que l'article 122-1 (3) sous les points 1, 3, et 4 du Code du travail.

#### Question 5809 (24.02.2022) de **M. Gusty Graas (DP)** concernant le **détournement de subventions agraires** :

La Commission du contrôle budgétaire du Parlement européen met en garde concernant une protection insuffisante contre l'utilisation abusive des fonds agricoles de l'Union européenne. Dans un projet de résolution adopté, les membres de la commission critiquent la propagation des structures oligarchiques dans certains pays de l'UE « à une échelle sans précédent ». Sont notamment mises en cause la Hongrie, la Slovaquie, la République tchèque, la Roumanie et la Bulgarie.

La raison de ces utilisations abusives serait due principalement à un manque de coopération entre les autorités nationales et à un signalement non homogène. Ainsi, selon les membres de la commission, il existe actuellement 292 systèmes de signalement pour les fonds agricoles et de cohésion de l'UE. Ce grand nombre rend difficile d'avoir une vue d'ensemble des bénéficiaires et du montant des fonds de l'UE qui leur sont versés.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Quelle est la réaction de Monsieur le Ministre face à cette mise en garde ?

2) Quelles mesures devraient être prises au niveau européen afin de mettre fin à l'utilisation abusive des fonds agraires de l'Union européenne ?

3) Quels mécanismes sont en place au Luxembourg pour garantir que de telles malversations ne puissent se faire au Grand-Duché ?

#### Réponse (16.03.2022) de **M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural** :

ad 1) Il ne revient pas au Gouvernement d'un État membre de commenter la politique agricole respectivement la gestion et le contrôle des mesures d'aide d'un autre État membre.

ad 2) Comme chaque État membre dispose de ses propres particularités en la matière, il incombe donc aux États membres de s'assurer de la bonne utilisation des fonds agraires. Les mesures à prendre devraient être discutées dans un groupe d'experts regroupant des représentants de chaque État membre.

ad 3) Au Luxembourg nous ne disposons que d'un seul Organisme Payeur agréé (qui est le Ministère de l'Agriculture) ce qui nous permet d'avoir une très bonne vue globale des montants effectivement versés aux exploitations. D'autre part, chaque exploitation doit obligatoirement être affiliée au Centre commun de la sécurité sociale et payer des cotisations sur base de son revenu d'exploitation.

Afin de se conformer aux obligations réglementaires de l'Union européenne en matière de prévention de fraude dans le domaine agricole et pour garantir une protection efficace des intérêts financiers de l'UE, le Ministère de l'Agriculture a mis en place des mesures antifraude efficaces et proportionnées. Ainsi un service spécialement dédié à la lutte contre la fraude a été créé. Des procédures internes visant à vérifier la véracité et la légalité de la demande et de l'ayant droit sont en place. Ce service s'occupe aussi bien du contrôle des conflits d'intérêts que des contrôles de la gestion des mesures d'aides, ceci ensemble avec le service de l'audit interne.

#### Question 5814 (24.02.2022) de **M. Marc Goergen (Piraten)** concernant la **cryptomonnaie** :

An der parlamentarescher Fro N° 5082 hunn d'Justizministesch an de Finanzminister erkläert, dass d'„Section Nouvelles Technologies“ bei der Police schonn iwwert eege Wallets verfüügt, an deene Kryptowärung gespäichert kënnen ginn, déi beschlagnaamt goufen. Wa Kryptowärungen esou beschlagnaamt an aus dem Verkéier gezu goufen, stellt sech d'Fro, wat mat de sougenannte „Coins“ an de Wallets vun der Police geschitt, a wéi virgaange gëtt, falls d'Coins no opgeschlossener Prozedur bei der Justiz erëm un hire Besëtzer missten zeréck iwwerwise ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren fir bannenzeg Sécherheet, Justiz a Finanzen dës Froe stellen:

1. Iwwer wéi vill Wallets verfüügt de Lëtzebuerger Staat am Moment?

2. Wat fir Prozedure ginn duerchgelaft am Fall, wou d'Kryptowärungen, déi an dëse Wallets gespäichert sinn, sollen a Fiatgeld ëmgewandelt ginn?

3. Ginn et Fäll, wou beschlagnaamte Kryptowärung vun Drëtten a Fiatgeld ëmgewandelt ginn? Wa jo, wat geschitt am Fall, wou duerch d'Ëmwandele vun der Kryptowärung op zum Beispill den Euro oder Dollar ee Benefice gemaach gëtt? Erhält de Besetzer dann dëse Benefice?

#### Réponse commune (24.03.2022) de **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure**, de **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice**, et de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** :

ad 1. De Lëtzebuerger Staat verfüügt aktuell iwwer keng Wallets. Separat Wallets gi vun der Police „Section Nouvelles Technologies“ erstallt wann se gebraucht ginn.

ad 2. Ewéi schonn an der Äntwert vun der parlamentarescher Fro N° 5082 ernimmt, gëtt am Gesetzesprojet N° 74521 grad en neien Kader mam „Bureau de gestion des avoirs (BGA)“ geschafen, dee saiséiert an och confiscuéiert Gidder verwalte wäert. Duerch déi rezent Amendementer gëtt proposéiert, dass d'Kryptowärungen an engem Wallet vun der Caisse de consignation solle gespäichert ginn.

ad 3. Den uewegenannte Gesetzesprojet gesäit Prozedure vir iwwert eng eventuell Ëmwandlung während der Saisie, déi just mam Accord vun den zoustännege Justizautoritéite kann erfollegen. Am Gesetzesprojet sinn och weider Dispositiounen virgesinn, fir d'Gestioun vun de Kryptowärung kloer ze definéieren. Méi generell applizéieren sech hei och déi allgemeng Reegelen iwwert d'Saisie a Confiscatiounen vum Code de procédure pénale an d'Gesetz iwwert d'Consignation.

#### Question 5815 (24.02.2022) de **M. Max Hahn (DP)** concernant la **location temporaire de terrains à bâtir en friche** :

D'Loune vu Bauterrainen, op deene modular Konstruktiounen fir eng bestëmmten Zäit opgeriicht ginn, ass eng villverspriechend Pist, fir séier zousätzleche Wunnraum ze schafen. Besonnesch Baulücken géife sech heifir gutt eegnen.

Grad fir Propriétaires, déi hire Bauterrain fir hir Nokomme wëllen halen, wier dëst eng intressant

Méiglechkeet, während z. B. 10, 15 Joer hiren Terrain zur Verfügung ze stellen. Allerdéngs ass an deem Kader ze präziséieren, dass de legale Kader aktuell eng Minimaldauer vu 50 Joer fir de Bail emphytéotique op Wunngebaier virschreift.

Den aktuelle Koalitiounsaccord gesäit deemno och Follgendes vir: « La possibilité de la location temporaire de terrains à bâtir en friche sera analysée. »

An deem Kader wollt ech dem Här Wunnengsbau-minister folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Baulücke ginn et zu Lëtzebuerg?

2. Wéi wäit ass de Ministère mat der am Koalitiounsaccord annoncéierter Analys? Wéi gedenkt den Här Minister dëse Modell (modular Bauten op gelountem Terrain) méi staark an Zukunft ze fërderen?

3. Kéinten déi ëffentlech Promoteuren, wéi de Fonds du logement an d'SNHBM, dëse Modell haut schonn ëmsetzen?

4. Wa jo, gëtt dat gemaach? Kann den Här Minister Präzisiounen dozou ginn? Wat wieren d'Grënn, sech géint dëse Modell ze entscheeden?

5. Wann net, ass virgesinn, de gesetzleche Kader an déi Richtung unzepassen?

6. Kéinten d'Gemengen dëse Modell haut schonn uwenden? Ass den Här Minister au courant vun deementspriechende Projeten?

7. Ass virgesinn, d'Gemengen méi staark iwwer dëse Modell ze sensibiliséieren? Ass an deem Kader geplangt, de Gemengen en document-type fir d'Bautereglement an deem Sënn unzepassen zur Verfügung ze stellen?

8. Gesäit den Här Minister vir, d'Minimaldauer vum bail emphytéotique rofzesetzen, fir d'Verlounen vun Terrainen op 10, 15 Joer ze erméiglechen?

#### Réponse commune (24.03.2022) de **M. Henri Kox, Ministre du Logement**, et de **Mme Taina Bofferdin, Ministre de l'Intérieur** :

ad 1. Am Kader vum Projet Raum+ ass dat fräit Bauland fir d'Period 2020/2021 erhuewe ginn. D'Erhiewung ass an all de Gemengen duerchgefouert ginn, déi zu deem Zäitpunkt entweeeder schonn en neie PAG haten oder wou de PAG an der Prozedur war. Dëst bréngt mat sech, datt d'Zuelen sech op 89 vun 102 Gemenge baséieren.

D'Erhiewung huet 9.226 Baulücke gezielt, déi insgesamt 618 Hektar Bauland ausmaachen. Well et ganz vill kleng Eenzeelfläche sinn, handelt et sech zuleméisseg ëm 67 % vun den eenzelne Flächen, déi erhuewe gi sinn, a flächeméisseg belafen se sech op 1 7% vun der gesamter Fläch vum Wunnpotenzial.<sup>7</sup>

ad 2. Eng Rei Acteuren hunn hir Analys zum Loune vu Bauterrainen, op deene modular Konstruktiounen fir eng begrenzten Zäit opgeriicht kéinten ginn, scho gemaach a sinn och op d'Ministèren zoukomm, fir ze froen, wéi eng Hëllef den méiglech sinn. Finanziell Hëllef wären op d'mannst am Kader vun der Gestion locative sociale méiglech. Bis ewell si sou Projeten awer nach net realiséiert ginn. Et läit dem Wunnengsbauministère och am Moment keng konkret Demande vir, fir sou e Projet ze realiséieren oder finanziell ze ënnerstëtzen.

ad 3. Ënnert der Bedingung, dass si déi néideg Autorisatiounen vun den zoustännege Verwaltungen, notament de Gemengen, kréien, kéinten de Fonds du logement an d'SNHBM sou e Modell ëmsetzen. Beim Fonds du logement a bei der SNHBM ass dëst awer am Moment keng Prioritéit, well dës Acteuren sech aus Käschten- an Effizienzgrënn op de Bau vun definitive Wunnenge konzentréieren, an dat op Terrainen, déi fir mindestens 50 Joer, besser nach fir mindestens 99 Joer, zu hirer Verfügung stinn.

Doriwwer eraus lafen awer Gespräicher tëscht verschiddenen Acteuren an den ëffentleche Promoteuren SNHBM a Fonds du logement, fir eventuell Terrainen zur Verfügung ze stellen, op deenen innovative modular Baute kéinten opgeriicht ginn.

ad 4. D'Entwécklung vun engem Modell, fir modular Konstruktiounen temporär op Baulücken opzeriichten, ass am Moment keng Prioritéit fir de Wunnengsbauministère, aus enger ganzer Rei vun Ursachen:

a) dëse Modell erlaabt et net, laangfristeg an nohaltteg abordabel Wunnengen ze schafen. Dëst bleift awer d'Prioritéit par rapport zu de begrenzten Ressourcen, déi zur Verfügung stinn;

b) d'Noutwennegkeet vum Relogement vun de Stéit ass bei dëser Zort Projekte virprogramméiert, wat zu Laaschte vun hirer lokaler Integratioun geet;

c) modular Konstruktiounen kënnen net belibeg oft op- an ofgeriicht ginn, dëst huet e wesentlechen Impakt op de Käschtepunkt;

<sup>7</sup> Dës a weider Informatiounen: LISER, ProRaum (2021), Raum+ Zwischenbericht Siedlungsflächenreserven in Luxemburg 2020/2021, Ministère de l'Aménagement du territoire - Département de l'aménagement du territoire, Ministère du Logement, Luxembourg.

d) och fir e provisoreschen oder modulare Bau muss en Terrain op enger Friche als éischt depolluéiert ginn;

e) Käschte fir all d'Uschlëss (Kanal, Waasser, Stroum) muss realiséiert a bezuelt ginn, genee wéi fir definitiv Strukturen. Si kënnen awer nëmmen op eng reduzéiert Existenzzäit ofgeschriwwen ginn;

f) et ass schwierig a méi opwenneg, fir de Baupotential vun enger Baulück mat modulare Konstruktiounen optimal auszenotzen.

Dobäi sief bemierkt, dass d'Situatioun sech anescht stellt am Kontext vun „Tiny Houses“, déi op Rieder stinn an en bloc kéinte versat ginn. An deem Fall stelle sech awer eng Rei aner reglementaresch Froen, op déi schonn an der parlamentarescher Fro N° 5089 geäntwert ginn ass.

ad 5. Eng gesetzlech Upassung ass net néideg, fir sou Projekte kënnen ëmzesetzen. Dofir, an opgrond vun der Äntwert op d'Fro 4, ass eng gesetzlech Upassung am Moment net virgesinn.

ad 6. Et ergëtt sech aus der Äntwert op d'Fro 3, dass och d'Gemengen dee Modell scho kéinten uwenden. Dem Minister sinn awer keng praktesch Beispiller bekannt.

ad 7. Et ergëtt sech aus den Äntwerten op déi viereg Froen, dass et momentan net virgesinn ass, fir dee Modell ze fërderen.

ad 8. Déi 50 Joer Mindestdauer fir e Bail emphytéotique fir de Logement stellen in fine eng Schutzfunctioun duer fir déi Stéit, déi do wunnen. Doriwwer eraus sinn déi 50 Joer Mindestdauer och ugepasst, fir den héijen Invest ze amortiséieren, deen néideg ass fir d'Schafe vu Wunnengen. Et ass deemno net virgesinn, fir den Delai erofzesetzen.

D'Loune vu Bauterraine fir temporär a modular Bauten ass awer och iwwert de Bail à ferme méiglech, deen eng Mindestlafzäit vu just 6 Joer virgesäit. Dës Lafzäit kann natierlech verlängert ginn.

#### Question urgente 6462 (08.07.2022) de **MM. Sven Clement** et **Marc Goergen (Piraten)** concernant les **livraisons d'ArcelorMittal en Russie** :

rtl.lu bericht an engem Artikel vum 6. Juli, dass ArcelorMittal Stolprodukter a Russland liwwert. Zitat:

„Dës Produkter kommen aus dem betribseegene Wierk am Kasachstan, an deem 35.000 Leit beschäftegt sinn. Et geet an der Haaptsaach ëm Stol fir de Bausector.“

rtl.lu schreift weiderhin, dass d'EU-Sanktiounen géint Russland net ëmgaange géife ginn, well ArcelorMittal vu Kasachstan aus operéiert.

De Lëtzebuerger Staat huet Participatiounen bei ArcelorMittal SA an huet deemno een Informationsrecht als Aktionär. An der Chamberssitzung vun haut huet de Wirtschaftsminister, op eng Fro vun eiser Sensibilitéit hin, net konnten äntweren, ob dëst tatsächlech de Fall ass.

An deem Zesammenhang wéilt mir dem Minister fir Wirtschaft dës Froe stellen:

1. Huet de Minister mëttlerweil Kenntnis vun den Aktivitéite vun ArcelorMittal?

2. Ass de Minister der Meenung, dass ArcelorMittal d'EU-Sanktiounen ëmgeet?

3. Fënnt de Minister et moralesch vertriebtbar, dass ArcelorMittal iwwer Kasachstan den Handel mat Russland weider oprecht erhält?


4. Wäert d'Regierung als Aktionär am Verwaltungsrot vun ArcelorMittal d'Theema uschwätzen?

#### Réponse (11.07.2022) de **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** :

Jiddwer Entreprise ass dofir responsabel, datt am Kader vun hiren Aktivitéiten déi finanziell a wirtschaftlech Sanktiounen respektéiert ginn, déi am Kontext vum russeschen Invasionskrich an der Ukrain zanter dem 24. Februar 2022 no an no decidéiert goufen. Wat elo ArcelorMittal a seng Filial am Kasachstan (ArcelorMittal Temirtau - AMT) ugeet, esou gëtt mir an deem Kontext vun ArcelorMittal, nieft der Kontroll vu Fall zu Fall vum Anhale vun dëse Bestëmmungen („due diligence“), des Weidere schréfflech zougedroen: „ArcelorMittal and AMT are in full compliance with applicable sanctions and related export controls.“

Et steet engem Lëtzebuerger Regierungsmember net zou, eng Appreciatioun iwwer kommerziell Decisiounen vun ArcelorMittal Kasachstan ze ginn. De Lëtzebuerger Staat als Aktionär vun ArcelorMittal ass net am Verwaltungsrot vum Grupp vertrueden. Et sief awer gesot, datt de Wirtschaftsminister bei ArcelorMittal insistéiert huet, datt déi néideg Precautionsmesuren an Assurance mussen geholl ginn, fir datt déi Liwwerungen, déi AMT a Russland mécht, net dierfe fir militäresch Zwecker gebraucht ginn.





N°05  
2021-2022

# CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

chd.lu   

## Compte rendu officiel n° 05 | Session ordinaire 2021-2022

|                                 |        |                                            |        |                        |                                        |
|---------------------------------|--------|--------------------------------------------|--------|------------------------|----------------------------------------|
| Grands projets d'infrastructure | p. 199 | Sommaire des séances publiques n°s 15 à 17 | p. 239 | 15 <sup>e</sup> séance | Mardi 30 novembre 2021                 |
| Bien-être chez les enfants      | p. 208 | Sommaire des questions parlementaires      | p. Q55 | 16 <sup>e</sup> séance | Mercredi 1 <sup>er</sup> décembre 2021 |
| Chômage de longue durée         | p. 226 |                                            |        | 17 <sup>e</sup> séance | Jeudi 2 décembre 2021                  |

M. Fernand Etgen et Mme Nancy Arendt ont dressé le bilan de la Commission des Pétitions pour l'année écoulée

## Le nombre de pétitions a presque doublé

« C'est une année record », a affirmé la Présidente de la Commission des Pétitions, Mme Nancy Arendt. Sur la période allant de juillet 2021 à juillet 2022, quelque 428 pétitions publiques ont été introduites par le biais du site [www.petitionen.lu](http://www.petitionen.lu), contre 271 un an auparavant sur une même période.



M. Fernand Etgen et Mme Nancy Arendt ont présenté le bilan des pétitions.

Ces chiffres font partie d'un ensemble de données sur le traitement des pétitions et les débats publics qui en ont découlé, présentées aux journalistes à l'occasion de la conférence de presse annuelle dressant le bilan des pétitions. Elle a eu lieu le 20 juillet 2022 à la Chambre des Députés.

### Les enjeux de société les plus abordés


Parmi les éléments présentés figurait la répartition des pétitions par thème. Les sujets les plus représentés étaient la santé (20 %), la mobilité (15 %), le travail et l'emploi (10 %) et les thèmes de

la société et de la famille (10 %). La Présidente de la Commission des Pétitions a cependant tenu à nuancer ces chiffres en citant l'exemple d'une pétition sur le prix du carburant qui serait classée dans le domaine de la mobilité plutôt que dans celui des finances des ménages. Elle a affirmé qu'un travail était en cours afin d'affiner ce classement.

### Les pétitions sont comme un baromètre de l'opinion des citoyens

Plus globalement, le Président de la Chambre des Députés a souligné que « les pétitions sont le reflet

### Demandes de pétition publique déposées entre le 1<sup>er</sup> juillet 2021 et le 30 juin 2022



des inquiétudes des citoyens sur ce qui se passe dans notre pays et au-delà de nos frontières ». M. Fernand Etgen a affirmé que, pour cette raison, les pétitions faisaient désormais partie intégrante de notre démocratie et contribuaient à une participation citoyenne moderne et active. Il a ajouté que des

efforts avaient également été faits pour mieux cadrer les débats publics, notamment en ce qui concerne le respect des temps de parole. Le pétitionnaire sera désormais également mis en avant et devra présenter sa pétition et ses conclusions lui-même.

Rapport spécial de l'Ombudsman et l'OKaJu sur l'Unisec

## Échange de vues sur les problèmes constatés au sein de l'Unité de sécurité

Une ambiance actuellement tendue à l'Unité de sécurité (Unisec), pas assez d'agents de sécurité, une confusion quant aux rôles et missions des éducateurs et des agents de sécurité, pas de plan de crise, une tendance vers une durée excessive de mesures prises dans le cadre d'enquêtes judiciaires et un manque de responsabilisation des jeunes : ce sont quelques constats dans le rapport présenté le 20 juillet 2022 par l'Ombudsman, Mme Claudia Monti, et l'Ombudsman pour enfants et jeunes (OKaJu), M. Charel Schmit, aux députés de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et de la Commission de la Justice. Opérationnelle depuis le 1<sup>er</sup> novembre 2017, l'Unisec est une unité fermée pour mineurs destinée à accueillir jusqu'à 12 jeunes pensionnaires.

Dans les années 2017 à 2021, 75 jeunes résidents et 32 non-résidents étaient placés à l'Unisec, dont presque la moitié étaient de nationalité luxembourgeoise. Le rapport critique le fait que les jeunes ne connaissent pas la durée de leur séjour ni la fin précise de leur période de privation de liberté. Il préconise entre autres de miser davantage sur la diversion et des alternatives au placement, une préparation de sortie dès l'entrée dans l'Unisec et un suivi plus intensif après la sortie. La suspension de l'enseignement ne devrait en aucun cas être une mesure disciplinaire. Le nombre de jeunes placés devrait être réduit et, en ce qui concerne le cadre légal, le rapport préconise la détention préventive et une modification du régime disciplinaire.



Mme Claudia Monti et M. Charel Schmit ont présenté le rapport spécial sur l'Unisec.

Des députés se sont montrés consternés par l'ampleur des problèmes soulevés dans le rapport et ont demandé des actions rapides. L'intervention d'une firme de sécurité privée a fait l'objet de discussions : les agents auraient les mêmes droits en matière de légitime défense que tout autre citoyen, a expliqué la Ministre de la Justice Sam Tanson, tandis qu'un député de l'opposition était d'avis que leurs interventions semblaient dépasser le cadre tracé.

La question des mineurs non accompagnés a également été abordée : le rapport recommande la création d'un cadre juridique spécifique pour les mineurs non accompagnés et de les intégrer dans les foyers d'aide à l'enfance. En ce qui concerne les critiques par rapport aux infrastructures de l'Unisec, la Mi-

nistre a précisé que des réflexions pour les améliorer étaient en cours. Beaucoup de problèmes trouveraient par ailleurs une réponse avec la nouvelle législation sur les jeunes qui est en cours d'élaboration. La réforme de la protection de la jeunesse entraînera la séparation entre les volets protection de la jeunesse et droit pénal pour mineurs (projets de loi n° 7991 et n° 7992).

Lorsque les dispositions de la nouvelle législation seront en vigueur, le Centre socio-éducatif de l'État pourra être renforcé et le volet « prévention » accru, a expliqué le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, M. Claude Meisch. À l'avenir, l'Unisec devrait se trouver sous la tutelle du Ministère de la Justice.

L'Administration parlementaire recrute :

**2 RÉDACTEURS-CORRECTEURS (m/f)**

**pour le service du compte rendu (réf. CHD88S)**

**(CDD 12 mois/tâche complète)**

Votre profil :

Vous êtes soit titulaire d'un diplôme universitaire sanctionnant 5 ou 3 années d'études dans le domaine linguistique, de préférence couvrant les filières « Luxemburgistik » ou « Germanistik », ou de tout autre diplôme de niveau Master ou Bachelor en relation avec le poste, soit détenteur d'un baccalauréat et vous pouvez obligatoirement vous prévaloir d'au moins 5 ans d'expérience dans une fonction similaire.

La date limite de remise des candidatures est fixée au **vendredi 9 septembre 2022** au plus tard.

En cas d'intérêt, prière de scanner le code QR suivant ou de consulter le site public de la Chambre des Députés :







9<sup>e</sup> Parlement francophone des jeunes (PFJ)

# Une jeunesse engagée face à des défis touchant toutes les générations

Du 25 au 31 juillet 2022, une soixantaine de jeunes venant des cinq régions de la Francophonie se sont donné rendez-vous à Tirana, en Albanie, pour participer à la 9<sup>e</sup> édition du PFJ. La section luxembourgeoise a été représentée par deux étudiantes : Sara Gabrielli et Ghislaine Nouemsi Kamsu. Le député et président de la délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée parlementaire de la francophonie (APF), M. Gusty Graas, a participé en tant qu'expert à la Commission des affaires parlementaires, guidant ainsi les jeunes dans la rédaction de leur résolution.

### Les démocraties parlementaires face à la désinformation

Ayant tenu une intervention au sujet de la désinformation, M. Gusty Graas a abordé la problématique en revenant sur les divers types de menaces telles que la défiance envers les médias traditionnels et les institutions démocratiques, l'atteinte à la démocratie, le négationnisme et révisionnisme historique ou encore l'ingérence étrangère. Il a également avancé des solutions servant de pistes de réflexion aux jeunes. À cet égard, l'éducation aux médias, le soutien d'un journalisme indépendant ou encore le service public de contrôle et de vérification des informations propagées ont été présentés. Il a finalement illustré ces exemples à l'aide de récentes législations adoptées ou initiatives prises au Luxembourg. Ainsi, la loi portant sur le régime d'aides en faveur du journalisme professionnel, la loi portant sur le « Média de service public 100,7 », la convention conclue entre CLT-UFA, RTL Group et l'État luxembourgeois ou encore le Service national de la jeunesse proposant un site Internet dédié à l'utilisation sûre des technologies de l'information, à savoir « Bee Secure », ont été évoqués.

### L'inclusion des jeunes dans les résolutions adoptées

Les jeunes représentants ont délibéré des stratégies à déployer par les démocraties parlementaires pour contrer la désinformation, de l'implication des jeunes dans la lutte contre les changements climatiques, du retour des bien culturels à leur pays d'origine respectif et de l'abolition de la peine de mort dans l'espace francophone. Ces discussions ont abouti à l'adoption de quatre résolutions respectives, qui seront intégrées dans les travaux des commissions de l'APF. La première traitant des stratégies à retenir pour promouvoir l'information crédible invite les jeunes à développer un esprit critique en démultipliant les sources d'information, recommande aux gouvernements de réguler en la matière tout en veillant à respecter la liberté d'expression et incite les États à soutenir les projets de recherche menés sur le phénomène. Dans la seconde, ayant trait à la participation des jeunes à la lutte contre les changements climatiques, il est fait appel aux États et gouvernements d'ajouter des éléments de sensibilisation dans les programmes scolaires et universitaires, et l'Organisation internationale de la francophonie



Mme Ghislaine Nouemsi Kamsu, M. Gusty Graas et Mme Sara Gabrielli dans le hall du Parlement albanais (de gauche à droite)

(OIF) est invitée à dédier la dernière semaine du mois de mars à l'urgence climatique. Le patrimoine dispersé au sein de l'espace francophone est abordé dans la troisième résolution. Les jeunes ont insisté sur le caractère inaliénable des biens culturels, même dans des circonstances de violences coloniales, impérialistes ou génocidaires, et ont préco-

nisé que l'OIF « se saisisse officiellement de la question ». Dans la dernière résolution relative à la peine de mort, les États observant un moratoire sont priés de commuer ces peines en peines de prison. De plus, les jeunes ont revendiqué un renforcement de l'indépendance et de l'impartialité des systèmes judiciaires des États appliquant la peine de mort.

## M. Max Hahn nommé rapporteur du budget 2023

La Commission des Finances et du Budget, réunie le 18 juillet 2022, a désigné M. Max Hahn (DP) comme rapporteur du projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2023.



La liste des rapporteurs de budget de la législature - M. André Bauler (DP), M. Yves Cruchten (LSAP), M. François Benoy (déi gréng) et M. Dan Biancalana (LSAP) - est ainsi complétée par M. Max Hahn.

Les travaux parlementaires sur le budget se déroulent toujours entre début octobre et mi-décembre. La Ministre des Finances, Mme Yuriko Backes, déposera le projet de loi la semaine de la rentrée parlementaire alors que le débat et le vote auront lieu en séance plénière à la mi-décembre. Entre-temps, le rapporteur du projet de loi chapeaute les travaux liés au budget au sein des différentes commissions parlementaires. Les membres de la Commission des Finances et du Budget auront une série d'échanges de vues avec les acteurs externes tandis que les autres commissions examineront les points budgétaires qui les concernent.

Le budget est la loi qui établit et autorise l'ensemble des recettes et des dépenses prévisionnelles de l'État pendant une année. Il s'agit en quelque sorte d'un « acte d'autorisation » qui est établi selon toutes les règles de la procédure législative en cas d'initiative gouvernementale.

M. Max Hahn sera le rapporteur du budget 2023.

## Le Président de la Chambre des Députés a reçu...



... S. E. M. Margulan Baimukhan, Ambassadeur du Kazakhstan



### Accessibilité à tous

#### 7346 - Projet de loi portant sur l'accessibilité à tous de lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs

Le présent projet de loi vise à garantir l'« accessibilité à tous », notion qui trouve son origine dans la Convention relative aux droits des personnes handicapées, et contribue ainsi à rapprocher prescriptions matérielles en ce domaine aux normes internationales et nationales en matière des droits et libertés des personnes handicapées.

L'objectif principal consiste dès lors à instaurer cette accessibilité en précisant les obligations auxquelles les lieux ouverts au public, les bâtiments d'habitation collectifs et les voies publiques devront se conformer dorénavant, ainsi que les modalités de la mise en conformité, les dérogations ou solutions d'effet équivalent possibles. Le projet de loi détermine, finalement, les procédures afférentes au contrôle de conformité et à l'aide financière prévue, ainsi que les sanctions que les contrevenants aux présentes dispositions risquent d'encourir.

Dépôt par Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 27.07.2018  
Rapporteur : M. Max Hahn

#### Travaux de la Commission de la Famille et de l'Intégration

(Président : M. Max Hahn) :

- 13.11.2019 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi et analyse de l'avis du Conseil d'État
- 04.12.2019 Présentation et analyse des amendements relatifs au projet de loi
- 08.03.2021 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État et des amendements
- 16.11.2021 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 02.12.2021

Loi du 7 janvier 2022

Mémorial A : 2022, n° 26, page 1



www.chd.lu

### Protection contre les disparitions forcées

#### 7374 - Projet de loi portant

1° approbation de la Convention internationale pour la protection de toutes les personnes contre les disparitions forcées, faite à New York, le 20 décembre 2006 ;

2° modification du Code civil ;

3° modification du Nouveau Code de procédure civile ;

4° modification du Code pénal ;

5° modification du Code de procédure pénale

Le projet de loi n° 7374 a pour objet d'approuver la Convention internationale pour la protection de toutes les personnes contre les disparitions forcées, faite à New York, le 20 décembre 2006, ci-après la « Convention », et signée par le Luxembourg en date du 6 février 2007.

La Convention vise à lutter contre les disparitions forcées. La disparition forcée est définie à l'article 2 de la Convention comme « l'arrestation, la détention, l'enlèvement ou toute autre forme de privation de liberté par des agents de l'État ou par des personnes ou des groupes de personnes qui agissent avec l'autorisation, l'appui ou l'acquiescement de l'État, suivi du déni de la reconnaissance de la privation de liberté ou de la dissimulation du sort réservé à la personne disparue ou du lieu où elle se trouve, la soustrayant à la protection de la loi ».





Le projet de loi a pour objet de modifier certaines dispositions du Code civil, du Nouveau Code de procédure civile, du Code pénal et du Code de procédure pénale afin de mettre en œuvre la Convention. En effet, certaines dispositions de la Convention font peser sur les États signataires une obligation de légiférer en la matière en vue de rendre pleinement effective la Convention.

La loi en projet met en œuvre les dispositions de la Convention qui concernent la révocation d'une adoption qui trouve son origine dans une disparition forcée au sens de la Convention.

L'article 4 de la Convention oblige les États parties à ériger la disparition forcée en infraction pénale autonome au niveau national.

|                                                                                             |                                                                   |
|---------------------------------------------------------------------------------------------|-------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 23.10.2018 |                                                                   |
| Rapporteur : M. Charles Margue                                                              |                                                                   |
|                                                                                             |                                                                   |
| Travaux de la Commission de la Justice                                                      |                                                                   |
| (Président : M. Charles Margue) :                                                           |                                                                   |
| 17.03.2021                                                                                  | Désignation d'un rapporteur                                       |
|                                                                                             | Présentation et examen du projet de loi                           |
|                                                                                             | Examen de l'avis du Conseil d'État                                |
|                                                                                             | Présentation et adoption d'une série d'amendements parlementaires |
| 27.10.2021                                                                                  | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État                 |
| 10.11.2021                                                                                  | Présentation et adoption d'un projet de rapport                   |
|                                                                                             |                                                                   |
| Vote en séance publique : 02.12.2021                                                        |                                                                   |
| Loi du 17 décembre 2021                                                                     |                                                                   |
| Mémorial A : 2021, n° 920, page 1                                                           |                                                                   |

## Reclassement de la voirie et reprise de chemins vicinaux

### 7423 - Projet de loi concernant le reclassement partiel de la voirie et la reprise par l'État d'une série de chemins vicinaux et portant modification de l'article 6bis de la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds des routes

La voirie de l'État comprend la grande voirie (autoroutes et voies réservées à la circulation automobile), la voirie normale (routes nationales et chemins repris), les chemins étatiques encore sans statut ainsi que les pistes cyclables du réseau national. Complémentairement, la voirie communale se compose des voies publiques dépendant des communes, dont les chemins communaux, les chemins ruraux et les chemins vicinaux, ainsi que les pistes cyclables communales.

Les routes nationales, en abrégé « N », sont ouvertes à tous les véhicules (excepté d'éventuelles restrictions) et leur construction, leur entretien et leur exploitation sont à charge de l'État. Les chemins repris, en abrégé « CR », désignent les anciennes voies communales reprises par l'État.

Le présent projet vise une actualisation de la voirie et fait partie d'une petite série de lois similaires élaborées depuis la fin du 19<sup>e</sup> siècle et le développement du trafic routier. Ainsi, les trois dernières lois concernant un reclassement partiel de la voirie datent des années 1897, 1958 et 1995 et furent à chaque fois précédées par de minutieux travaux préparatoires des administrations concernées.

L'objectif de ces lois est de moderniser, de compléter et de régulariser les tronçons de la voirie publique tout en précisant le classement hiérarchique de chaque élément de voirie, en clarifiant le cas échéant la propriété et en attribuant les frais y relatifs soit à l'État soit aux communes.

Avec l'entrée en vigueur de la « loi du 22 décembre 1995 concernant le reclassement partiel de la voirie et la reprise par l'État d'une série de chemins vicinaux », la longueur de la voirie de l'État, profondément modernisée et agrandie au cours des décennies précédentes, devenait - outre les chemins de halages - la suivante (dossier parlementaire n° 3963) :

Routes : 798,010 km

Chemins repris : 2.022.790 km

À noter également que les autoroutes ont été déterminées par la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds des routes.

|                                                                                             |                                                                     |
|---------------------------------------------------------------------------------------------|---------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 19.03.2019 |                                                                     |
| Rapporteur : M. Carlo Back                                                                  |                                                                     |
|                                                                                             |                                                                     |
| Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics                              |                                                                     |
| (Président : M. Carlo Back) :                                                               |                                                                     |
| 23.01.2020                                                                                  | Désignation d'un rapporteur                                         |
|                                                                                             | Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'État |
| 17.06.2021                                                                                  | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État                   |
| 28.10.2021                                                                                  | Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État            |
| 18.11.2021                                                                                  | Présentation et adoption d'un projet de rapport                     |
|                                                                                             |                                                                     |
| Vote en séance publique : 30.11.2021                                                        |                                                                     |
| Loi du 15 décembre 2021                                                                     |                                                                     |
| Mémorial A : 2021, n° 878, page 1                                                           |                                                                     |

## Commercialisation et utilisation de précurseurs d'explosifs

### 7730 - Projet de loi portant modification de

### 1° la loi du 5 mai 2017 concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) 98/2013 du Parlement européen et du Conseil du 15 janvier 2013 sur la commercialisation et l'utilisation de précurseurs d'explosifs ;

### 2° la loi modifiée du 4 juillet 2014 portant réorganisation de l'ILNAS

Un grand nombre de substances chimiques sont employées quotidiennement dans un large éventail de processus industriels et d'activités professionnelles. Certaines de ces substances sont susceptibles d'être utilisées à mauvais escient pour la fabrication d'explosifs artisanaux.

Depuis 2014, le règlement (UE) 98/2013, d'application directe, encadre la commercialisation et l'utilisation de ces précurseurs d'explosifs. L'objectif principal de ce règlement européen est de réduire l'accès du grand public aux produits chimiques à haut risque lorsque ceux-ci présentent des niveaux de concentration les rendant aptes à être aisément détournés pour la fabrication artisanale d'explosifs.

Ce règlement européen a été mis en œuvre au Grand-Duché de Luxembourg par la loi du 5 mai 2017 concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) 98/2013 du Parlement européen et du Conseil du 15 janvier 2013 sur la commercialisation et l'utilisation de précurseurs d'explosifs, et son règlement grand-ducal d'exécution du 5 mai 2017.

Or, la menace représentée par les explosifs artisanaux est restée élevée et a évolué. Le règlement (UE) 2019/1148 du 20 juin 2019 relatif à la commercialisation et à l'utilisation de précurseurs d'explosifs, qui abroge le règlement (UE) 98/2013 avec effet au 1<sup>er</sup> février 2021, vise à répondre à cette menace persistante.

Le présent projet de loi met en application en droit luxembourgeois ce nouveau règlement européen en modifiant la loi du 5 mai 2017. Les modifications requises découlent des obligations avec lesquelles le règlement (UE) 2019/1148 charge les opérateurs économiques, le grand public, les États membres et la Commission européenne.

Le règlement (UE) 2019/1148 interdit aux membres du grand public à acquérir, introduire, détenir ou utiliser certains précurseurs d'explosifs à des concentrations supérieures à certaines valeurs limites. En revanche, ils sont autorisés à acquérir, introduire, détenir ou utiliser certains précurseurs d'explosifs à des concentrations supérieures à ces valeurs limites sous la condition de détenir une licence à cet effet.

L'octroi de licences n'est plus autorisé que pour un nombre limité de précurseurs d'explosifs pour lesquels il existe un usage légitime par les membres du grand public.

Le règlement oblige le fournisseur de précurseurs d'explosifs réglementés d'informer l'acheteur que la mise à disposition de ces substances auprès des membres du grand public de même que leur introduction, détention ou utilisation par les membres du grand public sont soumises au règlement. Le fournisseur doit conserver des données de transaction afin de faciliter la détection et la poursuite des infractions pénales commises avec des explosifs artisanaux. Il doit également s'assurer que son personnel de vente sait quels sont les produits qui contiennent des précurseurs d'explosifs réglementés parmi ceux mis en vente.

Le règlement s'applique également aux opérateurs économiques qui exercent leurs activités en ligne. Les places de marché en ligne ne relèvent pas de la définition d'un opérateur économique. Elles sont toutefois soumises à certaines obligations spécifiques.

Le règlement (UE) 2019/1148 rend obligatoire la mise en place d'un point de contact national disponible 24 heures sur 24, sept jours sur sept. Ce point de contact est censé recevoir le signalement des transactions importantes, ainsi que les disparitions importantes et les vols importants. Au Luxembourg, la Police grand-ducale demeure le point de contact national.

|                                                                                           |                                                   |
|-------------------------------------------------------------------------------------------|---------------------------------------------------|
| Dépôt par M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 07.12.2020                           |                                                   |
| Rapporteuse : Mme Francine Closener                                                       |                                                   |
|                                                                                           |                                                   |
| Travaux de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace |                                                   |
| (Présidente : Mme Francine Closener) :                                                    |                                                   |
| 30.09.2021                                                                                | Désignation d'un rapporteur                       |
|                                                                                           | Présentation du projet de loi                     |
|                                                                                           | Examen de l'avis du Conseil d'État                |
| 18.11.2021                                                                                | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
|                                                                                           | Présentation et adoption d'un projet de rapport   |
|                                                                                           |                                                   |
| Vote en séance publique : 30.11.2021                                                      |                                                   |
| Loi du 14 décembre 2021                                                                   |                                                   |
| Mémorial A : 2021, n° 871, page 1                                                         |                                                   |

## Facturation électronique

### 7750 - Projet de loi modifiant la loi du 16 mai 2019 relative à la facturation électronique dans le cadre des marchés publics et des contrats de concession

Le présent projet de loi vise à rendre obligatoire pour les opérateurs économiques d'émettre et de transmettre toute facture aux pouvoirs adjudicateurs ou entités adjudicatrices en tant que facture électronique. Il devient également obligatoire d'utiliser un même réseau de livraison commun pour tous les pouvoirs adjudicateurs et entités adjudicatrices concernant la réception automatisée de factures électroniques.

|                                                                               |  |
|-------------------------------------------------------------------------------|--|
| Dépôt par M. Marc Hansen, Ministre délégué à la Digitalisation, le 20.01.2021 |  |
| Rapporteur : M. Guy Arendt                                                    |  |
|                                                                               |  |

|                                                                                 |                                                                   |
|---------------------------------------------------------------------------------|-------------------------------------------------------------------|
| Travaux de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications |                                                                   |
| (Président : M. Guy Arendt) :                                                   |                                                                   |
| 02.07.2021                                                                      | Présentation du projet de loi                                     |
|                                                                                 | Examen de l'avis du Conseil d'État                                |
|                                                                                 | Présentation et adoption d'une série d'amendements parlementaires |
| 22.11.2021                                                                      | Désignation d'un rapporteur                                       |
|                                                                                 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État                 |
|                                                                                 | Présentation et adoption d'un projet de rapport                   |
|                                                                                 |                                                                   |
| Vote en séance publique : 02.12.2021                                            |                                                                   |
| Loi du 13 décembre 2021                                                         |                                                                   |
| Mémorial A : 2021, n° 869, page 1                                               |                                                                   |

## Modifications au Code de procédure pénale

### 7785 - Projet de loi portant modification du Code de procédure pénale

Le projet de loi n° 7785 prévoit toute une série de modifications au Code de procédure pénale, qui n'ont pas de lien direct entre elles :

- Extension des règles de compétence territoriale internationale des juridictions pénales ;
- Extension du délai de détention à l'issu duquel un prévenu doit être présenté devant le juge d'instruction dans les affaires pour lesquelles une instruction préparatoire a été ouverte ;
- Droit pour le juge d'instruction de recourir à des moyens de télécommunication audiovisuelle dans le cadre des expertises ;
- Introduction du dossier électronique en matière pénale ;
- Ordre de prise de parole lors du procès pénal ;
- Composition des chambres correctionnelles du tribunal d'arrondissement ;
- Élargissement des conditions dans lesquelles il peut être recouru à l'ordonnance pénale ;
- Élargissement de la liste des infractions pénales commises contre des mineurs pour lesquelles le point de départ de la prescription de l'action publique est retardé. Il s'agit d'une modification visant à assurer une transposition complète de la directive 2011/93 UE.

|                                                                 |                                                                   |
|-----------------------------------------------------------------|-------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 09.03.2021 |                                                                   |
| Rapporteur : M. Charles Margue                                  |                                                                   |
|                                                                 |                                                                   |
| Travaux de la Commission de la Justice                          |                                                                   |
| (Président : M. Charles Margue) :                               |                                                                   |
| 10.03.2021                                                      | Désignation d'un rapporteur                                       |
|                                                                 | Présentation et examen du projet de loi                           |
| 21.04.2021                                                      | Présentation et adoption d'une série d'amendements parlementaires |
| 27.10.2021                                                      | Examen de l'avis du Conseil d'État                                |
| 10.11.2021                                                      | Présentation et examen d'un projet de rapport                     |
|                                                                 |                                                                   |
| Vote en séance publique : 02.12.2021                            |                                                                   |
| Loi du 9 décembre 2021                                          |                                                                   |
| Mémorial A : 2021, n° 861, page 1                               |                                                                   |

## CGID : Troisième poste de commissaire du Gouvernement adjoint

### 7809 - Projet de loi portant modification :

#### 1° de la loi modifiée du 19 mai 2003 modifiant :

- 1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;
- 2) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;
- 3) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'État ;
- 4) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État ;

5) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois ;

6) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut se faire changer d'administration ;

et portant création d'un commissariat du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire ;

2° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ; et

3° de la loi modifiée du 25 mars 2015 instituant un régime de pension spécial transitoire pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois

Le projet de loi vise la création d'un troisième poste de commissaire du Gouvernement adjoint auprès du commissariat du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire. De plus, le commissariat du Gouvernement est doté de son propre cadre personnel afin de ne plus dépendre d'agents détachés d'autres administrations.

En outre, des adaptations ponctuelles sont faits à la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et



modalités d’avancement des fonctionnaires de l’État et à la loi modifiée du 25 mars 2015 instituant un régime de pension spéciale transitoire pour les fonctionnaires de l’État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois. Le projet de loi prévoit que les articles qui concernent ces adaptations ponctuelles produisent leurs effets rétroactivement au 1<sup>er</sup> août 2018.

|                                                                                                                                                                                                                                                                              |
|------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique, le 23.04.2021                                                                                                                                                                                                    |
| Rapporteur : M. Gusty Graas                                                                                                                                                                                                                                                  |
| Travaux de la Commission de la Fonction publique<br>(Président : M. Gusty Graas) :<br>07.10.2021 Présentation du projet de loi<br>27.10.2021 Désignation d'un rapporteur<br>Examen de l'avis du Conseil d'État<br>17.11.2021 Présentation et adoption d'un projet de rapport |
| Vote en séance publique : 02.12.2021                                                                                                                                                                                                                                         |
| Loi du 15 décembre 2021                                                                                                                                                                                                                                                      |
| Mémorial A : 2021, n° 876, page 1                                                                                                                                                                                                                                            |

Modification du Code de la consommation

7818 - Projet de loi portant modification du Code de la consommation aux fins de transposition de :

1° la directive (UE) 2019/770 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 relative à certains aspects concernant les contrats de fourniture de contenus numériques et de services numériques ;

2° la directive (UE) 2019/771 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 relative à certains aspects concernant les contrats de vente de biens, modifiant le règlement (UE) 2017/2394 et la directive 2009/22/CE et abrogeant la directive 1999/44/CE

Ce projet de loi modifie le Code de la consommation afin de transposer deux directives. L’une, relative à certains aspects concernant les contrats de vente de biens, l’autre relative à certains aspects concernant les contrats de fourniture de contenus numériques et de services numériques.

La première, la directive 2019/770 du 20 mai 2019 relative à certains aspects concernant les contrats de fourniture de contenus numériques et de services numériques propose d’introduire une protection similaire à celle établie en matière de vente de biens meubles corporels, pour les contrats de fourniture de contenus numériques et services numériques, ainsi que leurs mises à jour. Cette directive apporte des réponses aux lacunes juridiques en couvrant des contrats variés, techniques et de plus en plus complexes. Ainsi, une nouveauté prévoit que les consommateurs peuvent fournir des données à caractère personnel en tant que contrepartie de la fourniture d’un service numérique.

La seconde, la directive 2019/771 du 20 mai 2019 relative à certains aspects concernant les contrats de vente de biens, s’applique à tous les contrats de vente, à distance ou en face à face, et instaure un régime juridique unique pour les contrats de vente de biens meubles corporels entre vendeurs et consommateurs. Elle intègre des dispositions spécifiques concernant les biens comportant des éléments numériques, c’est-à-dire des biens qui intègrent un contenu numérique ou un service numérique ou qui sont interconnectés à un élément numérique. Ces biens bénéficient du même régime juridique que les biens « classiques » ainsi que de règles spécifiques concernant leurs mises à jour afin de respecter les critères objectifs de conformité.

Ces deux directives font suite à la stratégie pour un marché unique numérique. Leur objectif principal est de favoriser la création d’un véritable marché numérique en éliminant les principaux obstacles liés au droit des contrats qui entravent le commerce transfrontière.

Le projet de loi transpose fidèlement ces deux directives en réformant, d’une part, les règles relatives à la conformité des biens meubles corporels du Code de la consommation, tout en introduisant des dispositions spécifiques pour les biens comportant des éléments numériques (les « smart goods ») et réformant les recours et leurs modalités en cas de non-conformité des biens.

D’autre part, le projet introduit des nouvelles dispositions concernant les contrats de fourniture de contenus numériques ou de services numériques. Dans le même contexte, il met en place une obligation de fourniture des contenus numériques ou des services numériques ainsi qu’un recours en cas de défaut de fourniture, de non-conformité ou en cas de modification des contenus numériques ou des services numériques.

|                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Protection des consommateurs, le 29.04.2021                                                                                                                                                                                                                                                                                                                         |
| Rapporteuse : Mme Tess Burton                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                     |
| Travaux de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace<br>(Présidente : Mme Francine Closener) :<br>10.06.2021 Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi<br>17.06.2021 Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État<br>07.10.2021 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État<br>18.11.2021 Présentation et adoption d'un projet de rapport |
| Vote en séance publique : 30.11.2021                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| Loi du 8 décembre 2021                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                            |
| Mémorial A : 2021, n° 844, page 1                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |

Émission de lettres de gage

7822 - Projet de loi relative à l’émission de lettres de gage, et portant :

1° transposition de la directive (UE) 2019/2162 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 concernant l’émission d’obligations garanties et la surveillance publique des obligations garanties et modifiant les directives 2009/65/CE et 2014/59/UE ;

2° mise en œuvre du règlement (UE) 2019/2160 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 modifiant le règlement (UE) 575/2013 en ce qui concerne les expositions sous forme d’obligations garanties ; et

3° modification de :

a) la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;

b) la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d’une commission de surveillance du secteur financier ;

c) la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif ; et de

d) la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d’investissement

Le présent projet de loi a pour objet de transposer en droit luxembourgeois la directive (UE) 2019/2162 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 concernant l’émission d’obligations garanties et la surveillance publique des obligations garanties (ci-après « la directive (UE) 2019/2162 ») et de mettre en œuvre le règlement (UE) 2019/2160 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 modifiant le règlement (UE) 575/2013 en ce qui concerne les expositions sous forme d’obligations garanties (ci-après « le règlement (UE) 2019/2160 »).

La directive (UE) 2019/2162 crée un cadre européen afin d’harmoniser le traitement des obligations garanties dans l’Union européenne. L’émission des lettres de gage est régie au Luxembourg par la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier. Les dispositions de la loi du 5 avril 1993 déjà en vigueur sont similaires aux dispositions de la directive (UE) 2019/2162. La directive (UE) 2019/2162 détermine des règles visant à protéger les investisseurs en ce qui concerne les exigences relatives à l’émission d’obligations garanties, les caractéristiques structurelles des obligations garanties, la surveillance publique des obligations garanties et les obligations en matière de publication en ce qui concerne les obligations garanties.

En premier lieu, le projet de loi vise à faire coexister le régime luxembourgeois existant des lettres de gage avec le nouveau régime des obligations garanties régies par la directive (UE) 2019/2162, de sorte que les obligations garanties réglementées au niveau européen

constituent une sous-catégorie de lettres de gage luxembourgeoises qui respectent des conditions supplémentaires découlant de la directive. Actuellement, l’émission des lettres de gage est régie par le cadre juridique luxembourgeois qui est déjà substantiellement proche de la directive (UE) 2019/2162 du Parlement européen et du Conseil. Les auteurs du projet de loi visent donc à garantir la continuité avec les lois existantes.

Le deuxième apport majeur du projet de loi est d’introduire une approche dite « produit ». L’émission des lettres de gage sera, en raison de l’approche « produit », soumise aux dispositions d’une loi séparée, entièrement dédiée à l’émission des lettres de gage. Par ailleurs, il est prévu d’ouvrir, dans le respect de conditions strictes, l’émission des lettres de gage aux établissements de crédit « universels ». L’émission des lettres de gage est limitée à présent aux seuls établissements d’émission de lettres de gage « spécialisés ». À noter également que l’ouverture aux établissements de crédit luxembourgeois de type banque universelle n’aura pour autant pas comme effet d’abroger le régime des établissements d’émission de lettres de gage « spécialisés ».

|                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                           |
|-----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 07.05.2021                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                        |
| Rapporteur : M. André Bauler                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
| Travaux de la Commission des Finances et du Budget<br>(Président : M. André Bauler) :<br>31.05.2021 Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi<br>22.10.2021 Examen de l'avis du Conseil d'État<br>Présentation et adoption d'une série d'amendements parlementaires<br>22.11.2021 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État<br>Présentation et adoption d'un projet de rapport |
| Vote en séance publique : 30.11.2021                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                      |
| Loi du 8 décembre 2021                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                    |
| Mémorial A : 2021, n° 845, page 1                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                         |

Fondation Kräizbiërg à Dudelange

7843 - Projet de loi relative à l’extension et à la rénovation des bâtiments de la Fondation Kräizbiërg à Dudelange

Le projet de loi sous rubrique comprend trois articles qui ont comme objet d’autoriser le Gouvernement à procéder à l’extension et à la rénovation des bâtiments de la Fondation Kräizbiërg à Dudelange pour un montant maximal de 49 millions d’euros TTC imputables sur le Fonds d’investissements publics sanitaires et sociaux. Ce montant correspond à la valeur 845,51 de l’indice semestriel des prix de la construction au 1<sup>er</sup> octobre 2020.

Cette autorisation du législateur est requise en vertu de l’article 99 de la Constitution et de l’article 80 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l’État - depuis sa modification par la loi du 29 mai 2009 - qui exige une loi de financement pour des dépenses d’investissement dépassant le seuil de 40 millions d’euros.

|                                                                                                                                                                                                                                                                                |
|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 11.06.2021                                                                                                                                                                                    |
| Rapporteur : M. Carlo Back                                                                                                                                                                                                                                                     |
| Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics<br>(Président : M. Carlo Back) :<br>18.11.2021 Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi<br>Examen de l'avis du Conseil d'État<br>22.11.2021 Présentation et adoption d'un projet de rapport |
| Vote en séance publique : 30.11.2021                                                                                                                                                                                                                                           |
| Loi du 10 décembre 2021                                                                                                                                                                                                                                                        |
| Mémorial A : 2021, n° 865, page 1                                                                                                                                                                                                                                              |

De Petitiounssite vun der Chamber

Start Är eege Petitioun  
oder ënnerstëtzt aner Petitiounen  
mat Ärer Ënnerschrëft op  
[www.petitions.lu](http://www.petitions.lu).

Et ginn zwou Zorte  
vu Petitiounen:  
d’Pétitions publiques an  
d’Pétitions ordinaires.





## Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Communications

- M. Fernand Etgen, Président

3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

4. Dépôt d’une motion par M. Léon Gloden

- Exposé : M. Léon Gloden

5. Dépôt d’une motion par M. Claude Wiseler

Question urgente n° 5312 de M. Claude Wiseler et Mme Martine Hansen concernant le stock de vaccins contre la Covid-19

- Exposé : M. Claude Wiseler

6. 7730 - Projet de loi portant modification de :

1° la loi du 5 mai 2017 concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n° 98/2013 du Parlement européen et du Conseil du 15 janvier 2013 sur la commercialisation et l'utilisation de précurseurs d'explosifs ;

2° la loi modifiée du 4 juillet 2014 portant réorganisation de l'ILNAS

- Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace : Mme Francine Closener

- Discussion générale : M. Laurent Mosar - Mme Semiray Ahmedova - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie (intervention de M. Fernand Kartheiser)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

7. 7818 - Projet de loi portant modification du Code de la consommation aux fins de transposition de :

1° la directive (UE) 2019/770 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 relative à certains aspects concernant les contrats de fourniture de contenus numériques et de services numériques ;

2° la directive (UE) 2019/771 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 relative à certains aspects concernant les contrats de vente de biens, modifiant le règlement (UE) 2017/2394 et la directive 2009/22/CE et abrogeant la directive 1999/44/CE

- Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace : Mme Tess Burton

- Discussion générale : Mme Diane Adehm - M. Gusty Graas - Mme Semiray Ahmedova - M. Fernand Kartheiser - Mme Myriam Cecchetti - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Protection des consommateurs

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

8. Question urgente n° 5312 de M. Claude Wiseler et Mme Martine Hansen concernant le stock de vaccins contre la Covid-19 (suite)

- Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

9. Question élargie n° 113 de M. Jeff Engelen au sujet du transport public

- M. Jeff Engelen - M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

10. Ordre du jour (suite)

- M. Fernand Etgen, Président

11. Motion de M. Jeff Engelen relative à la suppression de toute forme de discrimination liée à l'âge dans le Code de la route

- Exposé : M. Jeff Engelen

- Discussion générale : M. Serge Wilmes

- Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

- Discussion générale (suite) : M. Carlo Back - M. Jeff Engelen

- Vote sur la motion (rejetée)

12. Motion de M. Jeff Engelen relative à l'introduction de la flèche verte dans le Code de la route

- Exposé : M. Jeff Engelen

- Discussion générale : M. Serge Wilmes

- Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

- Discussion générale (suite) : M. Sven Clement - M. Carlo Back

- Vote sur la motion (rejetée)

13. 7895 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

- Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Chantal Gary (dépôt de la motion 1)

- Débat : M. Aly Kaes - M. Claude Lamberty - Mme Cécile Hemmen - M. Jeff Engelen - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

14. 7822 - Projet de loi relative à l'émission de lettres de gage, et portant :

1° transposition de la directive (UE) 2019/2162 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 concernant l'émission d'obligations garanties et la surveillance publique des obligations garanties et modifiant les directives 2009/65/CE et 2014/59/UE ;

2° mise en œuvre du règlement (UE) 2019/2160 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 modifiant le ré-
- glement (UE) n° 575/2013 en ce qui concerne les expositions sous forme d'obligations garanties ; et

3° modification de :

a) la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;

b) la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ;

c) la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif ; et de

d) la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler

- Discussion générale : M. Laurent Mosar - Mme Josée Lorsché - M. Georges Engel - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

15. 7423 - Projet de loi concernant le reclassement partiel de la voirie et la reprise par l'État d'une série de chemins vicinaux et portant modification de l'article 6bis de la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds des routes

- Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Carlo Back

- Discussion générale : M. Serge Wilmes - M. Max Hahn - M. Dan Biancalana - M. Jeff Engelen - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

16. 7843 - Projet de loi relative à l'extension et à la rénovation des bâtiments de la Fondation Kräizberg à Dudelange

- Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Carlo Back

- Discussion générale : M. Aly Kaes - M. Max Hahn - M. Dan Biancalana - Mme Semiray Ahmedova - M. Jeff Engelen

- Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Pierre Gramegna, Mme Corinne Cahen, Mme Paulette Lenert et M. Franz Fayot, Ministres.
- (La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)
- ### 1. Ouverture de la séance publique
- **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?
- **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre.**- Nee, Här President.
- ### 2. Communications
- **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:
- D'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.
- D'Lëscht vun de Projeten a vun den Ännerungsvirschléi zum Chambersreglement, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.
- D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass och verdeelt ginn.
- Communications du Président - séance publique du 30 novembre 2021**
- 1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.
- Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.
- 2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :
- 7908** - Projet de loi portant modification de l'article 55 du Code civil et prolongeant le délai des déclarations de naissance
- Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 08.11.2021
- 7913** - Projet de loi modifiant l'article 33 de la loi modifiée du 10 décembre 2009 relative à l'hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux
- Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 18.11.2021
- 7914** - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement de la mission de service public en matière de télévision, radio et activités digitales confiée à CLT-UFA et RTL Group pour les exercices 2024 à 2030 inclus
- Dépôt : M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias, le 23.11.2021
- 7916** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 septembre 2020 portant des mesures concernant la tenue de réunions dans les sociétés et dans les autres personnes morales
- Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 24.11.2021
- 7917** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière pénale
- Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 24.11.2021
- 7918** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 décembre 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière civile et commerciale
- Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 24.11.2021
- 7919** - Projet de loi portant réforme de la médiation en matière civile et commerciale et portant modification :
- 1) du Nouveau Code de procédure civile ;

2) de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat
- Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 24.11.2021
- 7920** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 décembre 2014 relative 1) aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2) à la promotion de la création artistique
- Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture, le 26.11.2021
- 3) La proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés suivante a été déposée à l'Administration parlementaire :
- 7915** - Proposition de modification des Annexes 4 et 5 du Règlement de la Chambre des Députés
- Dépôt : M. Fernand Etgen, Député, le 24.11.2021
- 4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :
- 2109** - Demande de pétition publique : Participation de l'État aux frais vétérinaires pour tous les animaux de compagnie et non
- Dépôt : Maurizio Schena, le 15.11.2021
- 2110** - Demande de pétition publique : Einführung der Wahrnehmungspflicht beider Elternteile mit dem geteilten Sorgerecht und dem geteilten Erziehungsrecht des Kindes für 25 Jahre, unabhängig von Alimentenzahlungen, zum Wohle des Kindes, ohne dass ein Elternteil sich von der Verantwortung entziehen kann
- Dépôt : Maria Tzanidakis, le 15.11.2021
- 2111** - Demande de pétition publique : Télétravail/ Obliger les sociétés d'intégrer deux jours par semaine
- Dépôt : Massimo Regno, le 16.11.2021
- 2112** - Demande de pétition publique : Interdire les publicités dans les boîtes aux lettres
- Dépôt : Léo Benkel, le 17.11.2021
- 2113** - Demande de pétition publique : Pétition contre la mise en quarantaine de nos enfants qui ne peuvent plus exercer leurs activités sportives dû à un contact Covid-19
- Dépôt : Christian Mais, le 17.11.2021
- 2114** - Demande de pétition publique : Booster oder zousätzlech Impfunge fir Leit ab 70 Joer solle bei sech doheem gemaach ginn. Domat mussen d'Leit sech net méi hin an hier deplacéieren.
- Dépôt : Alain Gales, le 18.11.2021
- 2115** - Demande de pétition publique : Tout employeur qui impose le CovidCheck généralisé 3G à ses employés doit également fournir à l'ensemble de ses employés (vaccinés et non-vaccinés) la possibilité de faire des tests gratuits certifiés dans un espace réservé à cette occasion avant de débiter leur travail et de rentrer dans la zone de CovidCheck
- Dépôt : Fabienne Di Marco, le 18.11.2021
- 2116** - Demande de pétition publique : Covid/Prime de risque
- Dépôt : Georges Leuck, le 19.11.2021
- 2117** - Demande de pétition publique : Fir de gesonde Mënscheverstand, fir e séchert Lëtzebuerg
- Dépôt : André Flammang, le 19.11.2021
- 2118** - Demande de pétition publique : Alternative für Erlangung eines Genesenenzertifikats
- Dépôt : Christian Gerald Santos Miltgen, le 20.11.2021
- 2119** - Demande de pétition publique : Keng Hausaufgabe méi doheem
- Dépôt : Nadine Offermann, le 21.11.2021
- 2120** - Demande de pétition ordinaire : Réintégration des jeunes dans le sport suite à une pause de longue durée
- Dépôt : Etienne Bayenet, le 20.11.2021
- 2121** - Demande de pétition publique : Frisches Essen für unsere Jüngsten
- Dépôt : Isabel Homa, le 19.11.2021
- 2122** - Demande de pétition publique : Adapto - fir eng besser Organisatioun am Sënn vu Leit mat enger Behënnerung / Adapto - für eine bessere Organisation im Sinne der Personen mit einer Behinderung / Adapto - pour une meilleure organisation en faveur des personnes avec un handicap
- Dépôt : Pierrot Joseph Léon Feltgen, le 23.11.2021
- 2123** - Demande de pétition publique : Non au vaccin des enfants de 5-11 ans
- Dépôt : Roberta Puddu, le 25.11.2021
- 2124** - Demande de pétition publique : Sauver des vies animales sur les autoroutes
- Dépôt : Antoine Pieri, le 27.11.2021
- 2125** - Demande de pétition ordinaire : Pour la sécurité des enfants du Kannercampus de Belval
- Dépôt : Eric et Cécile Donyo, le 26.11.2021
- 2126** - Demande de pétition ordinaire : Gesondheet - Lëtzebuerger am Ausland
- Dépôt : Romain Walch, le 27.11.2021
- (Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)





### 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, sou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

### 4. Dépôt d'une motion par M. Léon Gloden

Ech géif dann d'Wuert un den honorabelen Här Léon Gloden gi fir den Depot vun enger Motioun. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

■ **M. Léon Gloden** (CSV), *auteur*.- Merci, Här President. Ech deposéieren hei am Numm vun der CSV-Fraktioun, ënnerschriwwe vu fënnef Kolleegeen a Kolleeгинnen, eng Motioun, datt een an der Police kann automatesch ...

**(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)**

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Hei, wannechgelift!

■ **M. Léon Gloden** (CSV), *auteur*.- ... vun der C1- an d'B1-Karriär goen.

Ech erënneren drun, datt dëse Mount, ëm de 15., 16., 17. November, eng ganz Rei Urteeler ergaange sinn um Tribunal administratif, wou d'ailleurs och eng vun eise Kolleeгинnen hei aktiv war, wou gesot ginn ass, si kéinten deenen Demanden net nokommen, faute de base légale. An deenen Urteeler gëtt och eng Kéier déi fréier Staatssekretärin fir d'Force publique zitéiert, wou se sech engagéiert hat am Numm vun der Regierung ze kucken, datt déi Leit géife vum C1 an de B1 kommen.

Ech weess och, datt en Avant-projet de loi deposéiert ginn ass an datt den aktuelle Policeminister net wëll dee Projet de loi deposéiere mam Argument, et géif net am Koalitiounsaccord stoen.

Här President, dat ass keen Argument, well dës Regierung huet Saachen op de Wee bruecht, déi net am Koalitiounsaccord stinn, a bréngt Saachen net op de Wee, déi awer am Koalitiounsaccord stinn.

Duerfir fuerdere mer d'Regierung op, ouni weideren Delai dee Projet de loi ze deposéieren, fir datt déi Leit am C1 mam Diplom kënnen automatesch an de B1 eropklammen.

Merci.

**Motion**

*La Chambre des Députés,*

- *vu les lois modifiées (i) du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État et (ii) du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale* ;

- *vu les jugements du tribunal administratif (n° du rôle 42846, 42861, 42862, 42866, 42905 et 42944) à la base desquels se trouvent des recours contre des décisions du Ministre de la Sécurité intérieure en matière de promotion* ;

- *considérant que dans toutes ces affaires, le tribunal administratif est venu à la conclusion qu'il n'existait pas de base légale pour le reclassement automatique des fonctionnaires du groupe de traitement C1 du cadre policier de la Police, détenteurs d'un diplôme de fin d'études secondaires classiques, d'un diplôme de fin d'études secondaires générales, voire d'un diplôme équivalent, dans le groupe de traitement B1* ;

- *rappelant pourtant les promesses en ce sens formulées en public par l'ancien Ministre de la Sécurité intérieure et la Secrétaire d'État à la Sécurité intérieure à diverses occasions* ;

- *que ces déclarations ont fait naître des attentes légitimes au sein du corps policier et plus particulièrement auprès des fonctionnaires concernés,*

*invite le Gouvernement*

- *à permettre le reclassement automatique des fonctionnaires du cadre policier du groupe de traitement C1 susmentionné dans le groupe de traitement B1 et à saisir la Chambre des Députés d'un projet de loi afférent.*

(s.) Léon Gloden, Diane Aehm, Jean-Marie Halsdorf, Laurent Mosar, Serge Wilmes.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Gloden.

### 5. Dépôt d'une motion par M. Claude Wiseler

#### Question urgente n° 5312 de M. Claude Wiseler et Mme Martine Hansen concernant le stock de vaccins contre la Covid-19

Da géif ech d'Wuert un den Här Claude Wiseler ginn, an och fir den Depot vun enger Motioun. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

■ **M. Claude Wiseler** (CSV), *auteur*.- Merci, Här President. Ech wëll haut eng Motioun deposéieren, well mer beobachten, datt an deene leschten Deeg an den Impfzenteren haaptsächlech ganz vill lass ass. Eng grouss Zuel vu Leit sinn do an deene leschten Deeg present. An et ass eis och zu Ouere komm, datt net méi jiddweree bäikënnt, haaptsächlech déi Leit, déi kee Rendez-vous hunn. Notamment de Moien an dem Victor Hugo konnten net all déi Leit, déi wollte geimpft ginn, geimpft ginn, well einfach esou vill Undrang war. Wat jo a sech eng positiv Saach ass, wat och explikabel ass duerch de Fait, datt op där enger Säit déi normal Impfunge lafen, datt op där anerer Säit och déi anoncéiert Moosssname warscheinlech eng Rei Leit un d'Denke kritt hunn, a se och decidéiert hunn, sech awer impfen ze loosse. A well och d'Boosterimpfungen, op Rendez-vous an ouni Rendez-vous, elo parallell lafen, well och den AstraZeneca vu sechs Méint op véier Méint erfogsat ginn ass, wat alles Incitatioun sinn, fir sech impfen ze loosse. Dat ass jo alles positiv.

Mee fir eis ass et wichteg, datt d'Leit, déi wëllen, och schnellstens bäikommen. A wann dat net méi an deem Mooss, wéi mer et als richtig empfangen, garantéiert ass, dann ass et wichteg, datt d'Regierung higeet an déi Accessibilitéit erm garantéiert, a fir jiddweree garantéiert an och regional iwwerall esou garantéiert, datt an all Géigend vum Land d'Leit kënnen bäikommen, an dofir déi regional Zenteren, déi schonn eng Kéier op waren, respektiv eventuell och neier opmécht, fir där gréisserer Demande bäizekommen. Dofir ginn ech eng Motioun of.

**Motion**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que la vaccination contre le Covid-19 reste à ce jour le moyen le plus efficace pour freiner la propagation du virus sous ses différents variants et pour protéger contre l'évolution grave d'une infection* ;

- *notant que le nouveau variant connu sous la désignation « Omicron » a été qualifié de « préoccupant » par l'Organisation mondiale de la santé (OMS/WHO)* ;

- *notant que les centres de vaccination actuellement ouverts se voient confrontés à un afflux accru depuis la mise en place de l'offre d'une injection de rappel dite « booster »* ;

- *considérant que les nouvelles mesures de lutte contre la propagation du virus Covid-19 annoncées par le Gouvernement pourraient inciter davantage de citoyens jusqu'à présent réticents à se faire vacciner,*

*invite le Gouvernement*

- *à ouvrir respectivement à rouvrir des centres de vaccination dans toutes les régions du pays afin de répondre à la demande grandement accrue et de permettre à tous les habitants du pays de se faire vacciner les plus rapidement et le plus confortablement possible.*

(s.) Claude Wiseler, Paul Galles, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Marc Spautz.

An ech wollt och nach hannendrun, vu datt d'Ministeschesch schonn hei ass, déi Fro stellen, déi drëm geet, ob mat deem groussen Uwuess un Impfunge, dee mer elo Gott sei Dank kennen, och genuch Impfstoff do ass, fir kënnen an där Zäit, wou d'Leit et wëllen, dann ze impfe mat deem Impfstoff, wéi d'Leit et wëllen. Dat heescht, ob éischters genuch do ass an ob och d'Leit nach de Choix behale vun deem Impfstoff, dee se wëilten hunn.

Ech wär frou, wa mer do och kéinten am Laf vum Dag eng Kloerstellung driwwer kréien.

An déi aner Fro, dat ass, ob et net och méiglech ass, vu datt mer en Abaissement vu sechs op véier Méint beim AstraZeneca gemaach hunn a vu datt mer gesi bei aneren Impfstoffer, datt et och esou ass, datt aner Länner scho méi fréi wéi sechs Méint déi drëtt Impfung, d'Boosterimpfung, zouloossen, ob et net sënnvoll wär, dat och eng Kéier medezinesch ze iwwerpräiwen, ob eng méi schnell Boosterimpfung bei aneren Impfstoffer wéi AstraZeneca net a) Sënn géif maachen a b) och techesch méiglech wär hei zu Lëtzebuerg.

Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

## Le saviez-vous ?

### LÉGISLATURE

La législation est la période pour laquelle sont élus les députés. Elle a en principe une durée de cinq ans à moins qu'il n'y ait d'élections anticipées.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wiseler.

### 6. 7730 - Projet de loi portant modification de :

**1° la loi du 5 mai 2017 concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n° 98/2013 du Parlement européen et du Conseil du 15 janvier 2013 sur la commercialisation et l'utilisation de précurseurs d'explosifs ;**

**2° la loi modifiée du 4 juillet 2014 portant réorganisation de l'ILNAS**

Den éischte Punkt vum Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7730, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Veermaartung an d'Benotze vu Précurseurs d'explosifs. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif direkt d'Wuert un d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi ginn, an dat ass déi honorabel Madamm Francine Closener.

**Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace**

■ **Mme Francine Closener** (LSAP), *rapportrice*.- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Projet de loi, deen ech lech elo därerf presentéieren, geet et ëm den Émgang mat de sougenannte „précurseurs d'explosifs“. Erlaabt mer, lech fir d'éischt duerch e kuerzen Historique ze féieren, fir dann op de Projet selwer anzegoen.

Zanter 2014 gëtt et d'EU-Reglement 98/2013, wat d'Benotzen an d'Kommerzialisierung vu Précurseurs d'explosifs legal encadréiert. An éischter Linn goug a geet et drëm ze verhënnere, datt artisanal Cocktaile kënnen produzéiert ginn, déi eng Explosioun kéinten ausléisen, respektiv ze verhënnere, datt besonnesch terroristesch Reseau l'icht Spill hätten, fir esou Cocktails ze produzéieren.

Duerfir ass den Accès zu de verschiddene cheemesche Substanze staark ageschränkt ginn, déi eebe fir d'Produktioun vun explosivem Gemësch néideg sinn. Et gëtt dobäi zwee konkret Hiewelen am Reglement. Éischters: D'Vente fir de Grand public vun dëse cheemesche Substanzen ass verbueden, soubal eng gewësse Konzentratioun iwwerschratt gëtt. Wann een iwwert dës Konzentratioun eraus wëll kafen, muss een eng Lizenz hunn, déi een natierlech nëmmen da vun enger Administratioun kritt, wann et duerfir och e legitimme Grond gëtt. Zweetens: All Transaktioun ronderëm eng Vente vu cheemesche Substanzen, déi suspekt oder geklaut ginn ass, muss deklaréiert ginn.

D'Modalitéiten aus dësem EU-Reglement, déi iwwert déi national Gesetzgebung musse gekläert ginn, betreffen d'Recherche an d'Constatatioun vun Infractionen, d'Kontrollbefugnisse an déi penal Sanktiounen.

Lëtzebuerg huet mam Gesetz vum 5. Mee 2017 dat gemaach, déi Modalitéiten also festgeluecht. De Prinzip vun de Lizenzen ass zu Lëtzebuerg net praktizéiert ginn. Hei am Land gëllt vill méi e Verbuet vun enger bestëmmter Konzentratioun un.

Firwat steet elo de Projet vun haut, de 7730, zum Vott? Ma ganz einfach: Well dat neit EU-Reglement 2019/1148 dat néideg gemaach huet. Duerch dësen neien Text gëtt dat aalt Reglement gestärkt an d'Harmoniséierung gëtt virugedriwwen.

Sou gëtt et beispillsweis elo zwou Definitione vun de Précurseurs d'explosifs. Et sinn dat éischters d'„précurseurs d'explosifs réglementés“. Heimat sinn alleguerten d'Substanzen aus der Annex I an II gemengt an och all Cocktail, wou eng vun deene Substanzen dran ass. Zweetens: d'„précurseurs d'explosifs faisant l'objet de restrictions“. Dëst betrëfft nëmmen d'Substanzen aus der Annex I, wou de Seuil maximal vun der Konzentratioun iwwerschratt ass. Och hei sinn d'Cocktails an der Definition abegraff. A béiden Annexe si par rapport zu 2014 och nei Substanze bäikomm, zum Beispill den Acide sulfurique an den Nitrate d'ammonium an der Annex I.

Fir bestëmmt Substanze gëtt de System vun de Lizenzen ofgeschaaft, ganz einfach, well de Grand public se net brauch. Wéi gesot, dee System hate mer zu Lëtzebuerg souwiso net praktizéiert.

Doriwwer eraus gëtt preziséiert, datt de Verkeefer dem Keefer d'Obligatioun vun deem EU-Reglement muss matdeelen. Heibäi spillt et keng Roll, ob de Keefer eng Entreprise ass oder eng Privatpersoun. Dës Informatiounsflicht kann och iwwer en Etiquette agehale ginn. De Verkeefer, den „opérateur économique“, ass verpflichtet, d'Donnéeën iwwert d'Transaktioun ze halen, de Client ze identifiziéieren. Onlineplattformen ginn heibäi zwar net als Opérateur économique gesinn, trotzdem si se verpflichtet, suspect Transaktiounen vu Substanzen aus der Annex II ze mellen. Sollten esou Substanze verschwannen oder geklaut ginn, ass den Opérateur économique verpflichtet, dëst bannent 24 Stonnen un déi zoustänneg Autoritéite weiderzeginn. Zu Lëtzebuerg ass dat d'Police.

Beispillsweis gëtt och d'EU-Kommissioun obligéiert, Leitinnen erauszeginn, wéi een de séchere Stockage vun de jeeweilege Substanze mécht.

Fir dat neit EU-Reglement ëmzesetzen, gëtt also mam Projet de loi vun haut d'Gesetz vum 5. Mee 2017 adaptéiert. Wat d'Acteuren ugeet, ännert sech näischt Grondleeëndes. Den Haut-Commissariat à la protection nationale bleift d'Autoritéit, fir d'EU-Reglement ëmzesetzen. D'Police bleift de Point de contact national. D'Douane ass en charge, fir Infractionen feststellen. An déi penal Sanktiounen ginn net weider verschäerft.

Wat zur Vollstännegkeet nach ze soe bleift, ass, datt ronn d'Hallschent vun de Memberstaaten e System mat Lizenzen applizéiert, déi aner Hallschent net. Dat ass also ganz ausgeglach.

An hirem Avis vum 14. Mee 2021 approuvéiert d'Chambre de Commerce de Projet de loi. De Staatsrot fir säin Deel huet a sengem Avis vum 6. Juli nëmmen eng Rei redaktionell Observatiounen formuléiert. Deenen huet d'Chamberskommissioun all Rechnung gedroen. An am Avis complémentaire vum 7. Oktober (veuillez lire: vum 26. Oktober) vun dësem Joer mécht de Staatsrot weider keng Observatiounen méi.

Fir méi Detailler, Här President, verweisen ech op de schrëftleche Rapport a ginn zu dësem Projet den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Villmools merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools der Madamm Rapportrice, der Madamm Closener.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen.

**Discussion générale**

■ **M. Laurent Mosar** (CSV).- Merci, Här President. Merci och der Rapportrice fir deen exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et ass e ganz interessant Reglement, dat mer hei transposéieren, dat och am schrëftleche Rapport explizitt erkläert ginn ass.

Mir bleift just hei nach, den Accord vu menger Fraktioun ze bréngen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Mosar. An da wier et un där honorabeler Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Semiray Ahmedova** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Jo, et ass schonn zimmlech vill gesot ginn am Rapport. Och direkt e grouss Merci un d'Rapportrice fir de schrëftlechen, awer och hei fir den explizitte mëndleche Rapport.

Ech wëll einfach begrëissen, dass duerch dat Gesetz den Zougang zu cheemesche Substanzen, déi verkaf ginn an déi kënnen genotzt ginn, wéi et scho gesot ginn ass, fir eventuell terroristesch Zwecker, fir terroristesch Bomben ze bauen, besser cadréiert gëtt.

Déi Demarche, déi mer heimat an Zukunft wëllen agoen, ass schonn déi richtig Demarche: nämlech beim Verkaf a beim Kaf vun esou Substanzen, datt een dat soll bannent 24 Stonnen un déi zoustänneg Autoritéit och mellen.

Wat och wichteg ass, datt e Vol, deen hei stattfënn - an och ass e Vol eppes Illegales, dat heescht, et kann ee sech gutt virstellen, datt hannendrun och eppes Illegales domadder geschitt -, datt dat soll natierlech och gemellt ginn. An doduerjer gëtt einfach séchergestallt, datt séier kann op eng potenziell Gefor reagéiert ginn.

Wat mer och weider begrëissen, ass natierlech, datt Onlineverkeef op dem sougenannten Darknet och ënnert d'Reglement falen.

Dat gesot, merci fir d'Nolauschteren. An ech ginn natierlech den Accord vun eiser grénger Fraktioun. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Ahmedova. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President, merci. Ech wëll mech och dem Merci uschlëssen.

Ech hätt vläicht eng Fro un d'Regierung: ob si eis ka soen, wéi e Volumen un Transaktiounen iwwerhaapt hei zu Lëtzebuerg beträff ass an deene leschte Joren, ob mer do iwwerhaapt kënnen en Iwwerbléck kréien, wéi vill déi Substanzen hei zu Lëtzebuerg ausgemaach hunn am Commerce. Dat wär interessant, déi Informatioun ze hunn.

Eng zweet Saach ass vläicht eng Bemierkung allgemeng. Hei huet d'Madamm Closener als Rapportrice och gesot, et géing ëm artisanal Cocktaile goen. Also ech mengen, do muss ee sech einfach och bewusst sinn, datt et extrem einfach ass, mat ganz einfache Mëttelen esou Saachen hierzustellen. Et muss een net onbedéngt Précurseurs chimiques aus dem Handel hunn. Et kann een aus enger Kichen doheim scho ganz schéi Saache maachen, mat engem enormen Impakt! An dofir muss ee sech einfach bewusst sinn, datt et awer Grenze gëtt an der Effikassitéit vun esou Dispositiounen.

Dat gesot, ass et natierlech gutt, datt mer se hunn. Well mat Saachen, déi am Handel ze kréie sinn, kann





een natierlech nach vill méi eng grouss devastatrice Wirkung erzile wéi mat deene méi einfache Mëttele, déi praktesch jiddereen awer doheem huet.

Et ass also gutt, datt esou e Gesetz kënn. Wéi gesot, et muss ee sech awer och bewosst sinn, datt dat net dee ganze Problem aus der Welt ka schafen. Dat eent ass also d'Einfachheet vun der Accessibilitéit vu Produiten, déi ee ka gebrauchen. Dat Zweet ass natierlech och d'Vitess, mat där een et ka maachen. Tëschent dem Kaf an dem Asaz läit net vill Zäit, wann dat eeben esou ass. Dofir muss een och, mengen ech, e realistesch Bléck hunn op esou Fristen, wa se da festgeluecht ginn.

Mee dat gesot, mir ënnerstëtzen dat hei ganz gär. Précurseurs chimiques ass e grousst Thema, e wichtegt Thema, an dofir gi mer och gär den Accord vun der ADR. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Merci och der Rapportrice fir deen extensive Rapport vun engem dach e bësse méi dréchenen a schwieregen Thema. Et geet jo u sech just drëm, d'Kaderkonditiounen fir en EU-Reglement vun 2019 och zu Lëtzebuerg ze transposéieren. Dat gouf laang a breet erkläert.

Dofir wäerte mer och zoustëmmen, wéi mer dat üblecherweis bei Transpositione maachen.

Ech wollt awer nach umierken, datt mir ee besonnesche Punkt um Häerz läit bei deem heite Projet, an dat ass, datt d'Police och en Onlineformulaire wäert zur Verfügung stellen, fir eebe suspekt Transaktiounen oder iwwerhaapt Suspiciounen ze mellen. Ech mengen, datt dat eng nidderschwelleg Offer ass, fir eeben am Fall vu Problemer oder am Fall vun Doubte kënnen einfach ze mellen, ouni direkt mussen op engem Policebüro virstelleg ze ginn. Dat begreisse mir an dofir wäerte mir och eisen Accord nach eng Kéier ginn. Ech soe Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Ministesch ..., nee, den Här Minister Franz Fayot.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie.**- Merci, Här President. Jo, dat hei ass den Ekonomiesministère, net de Gesondheetsministère.

#### (Hilarité)

Ech géif lech gären alleguerte Merci soe fir den Debat, och haaptsächlech der Rapportrice fir hire ganz gudden an exhaustive Rapport.

Fir op dem Deputéierte Kartheiser seng Fro anzegoen ..., wou ech mat Interêt notéieren, dass e verschidde Connaissancë schéngt ze hunn als Artificier oder mat Explosiven; ech huelen dat mat enger gewëssener Beonrouegung zur Kenntnis. Mee bon, dat ass awer interessant.

#### (Brouhaha et hilarité)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Wësst Der, ech sinn Offiziéier vun der Arméi. Ech hunn déi Saache misse léieren!

■ **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie.**- D'accord, d'accord. Très bien.

Fir lech op Är Fro ze antweren: Zanter 2017 ass et am Ganze just een Dossier ginn an deem Beräich. Et ass also net esou, dass et hei extreem vill där Fäll do gëtt. Et ass, wéi gesot, een Dossier do traitéiert ginn, wou och deemools d'Police natierlech aktiv war.

Merci fir den Accord zu deemem Projet.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7730. Den Text steet am Document parlementaire 7730<sup>5</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7730 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Géigestëmm ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7730 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Octavie Modert), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Jo.

#### (Interruptions)

Mir notéieren dat. Alles ass notéiert.

### 7. 7818 - Projet de loi portant modification du Code de la consommation aux fins de transposition de :

**1° la directive (UE) 2019/770 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 relative à certains aspects concernant les contrats de fourniture de contenus numériques et de services numériques ;**

**2° la directive (UE) 2019/771 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 relative à certains aspects concernant les contrats de vente de biens, modifiant le règlement (UE) 2017/2394 et la directive 2009/22/CE et abrogeant la directive 1999/44/CE**

Mir kommen elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour, dat ass de Projet de loi 7818, eng Ofännerung vum Konsumenteschutzgesetz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. A Rapportrice vun deemem Projet de loi ass déi honorabel Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

■ **Mme Tess Burton (LSAP), rapportrice.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech presentéieren lech haut de Rapport vum Projet de loi 7818 iwwert d'Transposition vum zwou Direktiven, déi Modifikatiounen am lëtzebuergesche Code de la consommation aféieren. Dëse Projet de loi ass den 28. Abrëll 2021 (veuillez lire: den 29. Abrëll 2021) vun der Ministesch fir de Konsumenteschutz an der Chamber deposéiert ginn.

Ëm wat geet et an dësen zwou Direktiven? Déi zwou Direktiven, bekannt als SGD, Sales of Goods Directive, an DCD, Digital Content and Digital Services Directive, solle parallel transposéiert ginn, net nëmmen, well se allen zwou zu enger Verbesserung vum Bannemarché vun der Europäescher Unioun bäidroen, mee haaptsächlech, well se sech inhaltlech ergänzen.

D'Haaptzil vun dësen Direktiven ass et, engersäits déi schonn existéierend Rechter bezüglech Garantie vu Verbrauchergidder ze stäerken an anerersäits de Schutz vun de Konsumenten an enger digitaliséierter Consommation vu Servicier an Inhalter nei ze garantéieren.

Et ginn aktuell Ënnerscheeder tëschent de Legislatiounen an de verschiddene Memberstaaten, déi déi ursprénglech Direktiv vun 1999 iwwert d'Garanties de biens, déi eng sougenannt „Harmonisation-minimale-Direktiv“ ass, transposéiert hunn. Dëst huet eng Fragmentatioun um reglementaresche Plang mat sech bruecht an och eng gewësse juristesche Onsécherheet, déi souwuel dem Konsument an och dem professionnelle Verkeefer d'Liewen am Banne-maart net einfach mécht.

Déi nei Direktiv SGD ersetzt d'Direktiv vun 1999 an et sollen elo Verbesserungen agefouert ginn, well se op eng maximal Harmonisatioun setzt an esou och zu enger Erhéijung vum grenziwwergräifende Commerce wäert féieren.

Här President, de Projet de loi gesäit verschidden Ännerunge vir. Éischtens: d'Konformitéit am Kontext vum Verkaf vu „biens meubles corporels“, also vu Géigestänn. D'Prinzipie vum Code bleiwen onverännert an d'Konformitéit muss deemno fir zwee Joer nom Verkaf garantéiert ginn.

Déi grouss Neierungesinn déi explizitt a spezifesch Dispositiounen fir d'Vente vu Smart Goods, dat heescht vu Géigestänn oder Bienen, déi digital Elementer enthalten. Dorënner falen zum Beispill d'Smartphonen, d'Smartwatches oder elektronesch Tabletten. Spezifesch fir d'Smart Goods ass ervirze-

sträichen, datt d'Konformitéit eng Obligatioun fir Informatiounen iwwert d'Aktualiséierung mat sech dréit an och, fir esou d'Mise-à-jouren ze liwweren.

An dëser Partie gesäit de Projet de loi och nach Mëttel am Fall vun enger Netkonformitéit vun engem Bien vir. D'Dispositiounen applizéiere sech souwuel op Kontrakter, déi à distance ofgeschloss gi sinn, an dat heescht natierlech och online, oder déi face à face an engem Buttek stattfannen.

Zweetens gesäit de Projet de loi legal Dispositiounen fir Kontrakter vu Liwwerunge vun digitale Servicier oder Inhalter vir. En digitale Service kann e Rotschlo oder eng Konzeption am informatésche Beräich sinn. Et kënnen och Onlinestockage oder Cloudservicer sinn, déi dem Konsument ugebuede ginn, oder awer och d'Inscriptioun op sozialen Netzwerker, en Abonnement fir e Streaming-service, wéi zum Beispill bei Musek oder Filmer.

En digitale Contenu ass zum Beispill de Kaf vun engem E-Book, Videospiller, Applikatiounen op engem Smartphone, eng CD, en USB-Stick oder eng Memorycard. Natierlech gëtt et och hei Modalitéiten iwwer eng obligatoresch Aktualiséierung vun den ugebuedene Servicier souwéi och Mëttel am Fall vun enger Netkonformitéit vun den Inhalter oder deenen ugebuedene Servicier. Dëst ass d'selwecht wéi bei de Kontrakter fir Saachgéigestänn, déi mat engem digitalen Element verbonne sinn, also Smart Goods.

Nei ass, datt an deemem Kontext och déi Kontrakter viséiert ginn, an deenen e Konsument als Konterpartie zu engem digitale Service seng perséinlech Donnéeë liwwert. Esou Kontrakter gëtt et ëmmer méi an dësen Zäiten, wou d'Digitalisatioun eist Liewen ëmmer méi beaflosst. Dofir ass et wichteg, datt eis Gesetzeslag, besonnesch wat de Schutz vum Konsument ugeet, mam techneschen Developement mathält. Bei dësen Dispositiounen geet et och ëm eng Verstärkung vun eisem nationale Kader, fir, wéi ech virdrun erwäant hunn, der Fragmentatioun op europäeschem Niveau entgéintzewierken an d'Rechter vun de Konsumenten an domadder och d'Spillreegele fir déi Professionell ze harmoniséieren.

Här President, wat gesäit de Projet de loi elo konkret vir? Dëse Projet de loi hei gesäit verschidde wichteg Delaie vir. Do wier eng Kéier den Delai vun der Garantie légale de conformité vun engem Bien. Dësen Delai bleift onverännert bei zwee Joer. Dat heescht, de Professionellen ass fir all Défaut de conformité vum geliiwwerte Géigestand fir zwee Joer responsabel a muss de Konsument op déi eng oder aner Aart a Weis entschiedegen. Mee dozou kommen ech gläich nach eng Kéier méi am Detail.

Wann e Bien net konform ass, dann entsprécht e senger normaler Fonctionnalitéit net oder ass vun enger mannerwäerteger Qualitéit wéi de Modell oder den Echantillon, op deen de Konsument sech beim Kaf verloooss huet, oder wéi déi, déi ee sech normalerweis vun engem Bien géif erwaarden. Anescht ausgedréckt: De Bien weist e Mangel op.

Elo stellt sech d'Fro vun der Preuve fir dësen Default. Bis haut ass et esou, datt déi éischt sechs Méint no der Liwwerung vum Bien de Konsument keng Beweiser muss virléien. Et gëtt automatesch ugeholl, datt den Défaut de conformité schonn existéiert huet. Et gëtt deemno eng sougenannt „présomption“ en faveur vum Konsument. Dësen Delai gëtt duerch dëse Projet de loi hei vu sechs op zwielef Méint verdubelt.

Während deem éischte Joer nom Kaf vun engem Bien spillt also automatesch d'Garantie légale de conformité zum Konsument senge Gonschten. Während dem zweete Joer, wou d'Garantie légale weiderleeft, muss de Konsument da selwer Beweiser bréngen iwwert de Mangel, fir dem Professionnelle seng Responsabilitéit ze engagéieren. Den nämmlechen Delai, dee fir klassesch Biene gëllt, gëllt och fir Bienen, déi digital Elementer hunn, wéi eeben e Smartphone oder eng Smartwatch.

Fir Occasiounssaache kënnen d'Parteie vum Verkafskontrakt sech anerwäerts eens ginn an en Délai de garantie légale virgesinn, dee méi niddreg wéi zwee Joer ass, ouni datt en dierf manner wéi ee Joer sinn.

Ech ënnersträichen hei nach, datt den Délai de conformité vun zwee Joer sech natierlech och op digital Contenuen oder Servicier bezitt respektiv, wann et sech ëm e Service continue handelt, op déi ganz Durée vun deemem Service.

Fir d'Entschiedegung vum Konsument an esou engem Fall gëtt et verschidde Méiglechkeeten. Fir d'éischt gëtt gekuckt, ob de Bien ka reparéiert oder ëmgotosch ginn. Wann dëst net méiglech ass oder de Professionellen net innerhalb vun engem gewëssenen Delai seng Obligatiounen erfëllt, kann de Konsument de Vertrag opléisen oder eng proportionell Reduktioun vum Präis froen.

Mee dat ass alles schonn am Code virgesinn. Wat elo ännert, ass den Zäitraum, an deem eng Reparatur oder en Ersatz vun engem net konforme Bien muss gemaach ginn. Et sinn dräi Konditiounen:

Éischtens dierfe keng Fraise fir de Konsument dobäi opkommen. Zweetens dierf et keen „inconvenient majeur“ duerstellen. An drëtzens muss de Professionnelle seng Obligatioun vun enger Mise en conformité an engem „délai raisonnable“ erfëllen. Bis elo war dësen Delai am Code définéiert als ee Mount.

Firwat elo dës Ännerung a wat ass domat gemengt? Déi nei gewielten Artikulatioun ass an der Direktiv virginn a stellt deemno eng konform Ëmsetzung duer. Et ass esou, datt den Term „raisonnable“ definitiv produktofhängeg misst gesi ginn. Esou ka bei enger klenger Reparatur en Délai raisonnable bei weénigen Deeg leien, woubäi et bei anere warscheinlech knapp ass mat just e puer Wochen. Änlech, wann de Vendeur de Bien op Stock huet, ass et net rasonabel, datt de Konsument muss bis zu engem Mount op en Echange waarden. Et wier dofir net am Konsument sengem Sënn, fir dee selwechten Delai fir all Typ vu Bien ze applizéieren. D'Notioun vun engem Délai raisonnable erlaabt domat souwuel dem Konsument wéi och dem Professionellen eng gewëssen objektiv Flexibilitéit.

D'Krittäre sinn och kloer festgehalen: d'Komplexitéit an d'Fonctionnalitéit vum Bien, den Eescht zum Defekt an den Effort, deen noutwendeg ass, fir eng Reparatur duerchzuféieren oder en Ersatz virzege-sinn. Voilà, dëst zum Contenu vun deemem Projet de loi.

Da géif ech elo nach gäre ganz kuerz op d'Avisen agoen, déi mer zu deemem Projet hei erakritt hunn. Deen éischten Avis koom vun der ULC. D'ULC schreift an hirem Avis, datt si net d'accord ass mat dem Delai vun zwee Joer fir d'Responsabilitéit vun engem Professionelle fir den Défaut de conformité vun enger Saach. Si hätt deen Delai gäre verlängert. Doniewent fuerdert d'ULC, datt de Projet de loi, amplaz en Délai raisonnable anzeféieren, weiderhin ee Mount soll virgesi fir d'Reparatioun. Si ënnersträicht och, datt de Konsument op kee Fall d'Fraisen droen dierf, fir e Bien ersat oder desinstalléiert ze kréien. Si schreift an hirem Avis och, datt den Droit à la réparation wichteg wier, grad an der haiteger Zäit, wou d'Économie circulaire promouvéiert soll ginn.

D'Chambre des Salariés ralliéiert sech haaptsächlech an hirem Avis de Kriticke vun der ULC.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics weist sech iwwerrascht, datt de Projet de loi näischt iwwert de Schutz vu mannerjärege Konsumente vun digitale Servicier virgesäit, virun allem wat d'gratis Servicier ugeet. Wat den Délai de garantie vun der Conformitéit ugeet, ass d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics der Meenung, datt een do och misst déi Saache beuechten, déi eng normal Liewensdauer vu méi wéi zwee Joer hunn. Hei wier et da logesch, datt de Professionellen och fir eng méi laang Dauer wéi zwee Joer fir d'Konformitéit vun engem Bien responsabel ass.

D'Chambre des Métiers werft an hirem Avis d'Fro op, wéisou et keng Obligatioun fir de Konsument gëtt, no där de Konsument de Professionelle iwwer en eventuellen Default informéiere misst, an dat an engem Zäitraum vun zwee Méint no der Feststellung vum Default.

D'Chambre de Commerce weist sech virun allem zefridden, datt d'Auteurs d'Direktiv eent zu eent ëmsetzen.

D'CNPD rappelléiert an hirem Avis, datt de professionelle Verkeefer muss d'Sécherheetsmesuren anhalen, déi vum RGPD virgesi ginn. Wann de Sous-traitant oder de Responsable de traitement déi Mesuren net géif anhalen, wier dat en Défaut de conformité. Donieft regrettéiert d'CNPD och, datt et elo méiglech ass, privat Donnéeën als Konterpartie ze ginn. Well dës Donnéeën ënnert den RGPD a seng Reegele falen, ass si der Meenung, datt een déi Informatiounen net mat Geld oder engem Präis vergläiche kann. Si bemierkt och, datt et net ganz kloer ass, unhand vu wéi engen Elementer de Konsument d'Netkonformitéit vu sengem Kontrakt mat den RGPD-Reegele feststelle kann. Dat misst an deemem Projet méi detailléiert festgehalen ginn.

De Staatsrot hat a sengem Avis kritiséiert, datt keng Dispositioun déi genee Entrée en vigueur vum Projet de loi virgesäit, wat zu engem Vide juridique bei verschiddene Kontrakter féiere kéint. Dëst hu mer an der Kommissioun ergänzt an och nach verschidde Verweiser op eis national Gesetzzer preziséiert, andeems mir nach zwee Amendementer nogereecht hunn.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Projet de loi ass wichteg. D'Transposition vum dësen zwou Direktiven dréit dozou bäi, de Konsument an enger sech ëmmer méi schnell entwëckelender technologescher Welt besser ze schützen an ze encadréieren. Jiddweree vun eis huet haut ëmmer méi mat Kontrakter ze dinn, déi digital Inhalter oder Servicier hunn oder ubidden. Den Droit de la consommation muss sech dofir weiderentwëckelen. An ech mengen, datt dat mat deemem Projet de loi hei geschitt ass.





Eis Zäit ass awer och geprägt duerch Theeme vum Ëmweltschutz a vun der Consommation responsable. Mat der SGD-Direktiv an dem verlängerten Delai bei der ëmgekëierter Beweislaascht, wann e Bien net konform ass, gi mer, mengen ech, och e Schrëtt an déi richteg Richtung, wat d'Durabilitéit vun de Produkter ugeet. Och dat ass ze begrëssen, gradesou wéi d'Annonce vun der Europäescher Kommissioun, an den nächsten zwou Wochen eng Proposition de directive op den Dësch ze leeën, déi dem Verbraucher zousätzlech Informatiounen gëtt, wéi zum Beispill zur Reparabilitéit vun engem Produkt, an datt et esou erméiglecht gëtt, déi „transition verte“, vun där am „Nouvel agenda du consommateur“ geschwat gëtt, aktiv ze féerden.

Här President, Dir gesitt, et deet sech eppes am Verbraucherschutzrecht an Europa. An dat kënnst besonnesch engem Land wéi Lëtzebuerg zegutt, wou souwuel d'Konsumente wéi d'Entreprise sech net duerch déi national Grenzen an hirem Beweegungsrayon aschränke loosse. Duerfir sinn ech frou, datt mir dës Direktiven transposéieren, d'Verbraucherrechter stäerken a Rechtssécherheet fir déi Professionell heimat schafen.

Zum Schluss wëll ech de Leit aus dem Konsumentenschutzministère, der Madamm Ries, der Madamm Jeanpierre an der Madamm Phillips villmools Merci soe fir hir Disponibilitéit an der Kommissioun, awer och fir d'Beäntwerte vu menge Froen bezüglech dem Contenu vun dësem dach heiansdo e bësse méi komplizéierte Projet de loi.

Voilà. An domadder géif ech den Accord vu menger Fraktioun ginn an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an hoffen natierlech op eng grouss Zoustëmmung heibanne fir dës Projet de loi.

Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools der Madamm Rapportrice Tess Burton.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Adehm ageschriwwen. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **Mme Diane Adehm (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëllt ech der Rapportrice e grouse Merci soe fir dee Rapport, dee se elo hei virgedroen huet. Ech mengen, Dir hutt alleguerter gemierkt: Et ass relativ komplizéiert, dat Ganzt. Mee si huet et awer fäerdegbruecht, fir eis de richtegen EU-Kader ze setzen a fir dat Ganzt och nach an de Lëtzebuurger Kontext ze setzen. Duerfir e grouse Merci un d'Rapportrice.

Här President, während dem Confinement waren d'Butteker net nëmme bei eis am Land zou, mee och an den Nopeschlänner. Et war awer esou, dass gläichzäitig den Teletravail agefouert ginn ass, Homeschooling ass agefouert ginn. Jo, an d'Leit, déi hu misse kucken, dass se dann iergendwéi d'Material erbäikritt hunn. An dat waren dann och deelweis eebe Laptops, Smartphones a sou weider, wou och nach Inhalter derbäi waren, déi sougenannt Smart Goods. A méi wéi een huet sech d'Fro gestallt: „Wat geschitt an Zukunft, wann ech iergende Problem sollt hunn, wann ech dat doten dann online kafen?“

Mat dem Gesetzesprojet, dee mir haut stëmmen, gëtt et eng ganz Partie Äntwerten op vill vun deene Froen, déi gestalt gi sinn. Et geet, wéi d'Rapportrice scho gesot huet, drëm, fir zwou europäesch Direktiven ëmzesetzen. Engersäits schafe mer een eenzege juristesche Kader fir Verkafskontrakter vun de sougenannte „biens meubles corporels“, egal ob dës Kontrakter à distance gemaach ginn oder ob se souzeseen en présentiel gemaach ginn. An et ginn och spezifesch Dispositiounen geschaf, wann nëmmen numeresch Servicer oder Inhalter verkaaft ginn.

Des Weidere geet et awer och ëm d'Liwierung vun numereschen Inhalter oder Servicer. An dës ginn an Zukunft änlech behandelt wéi wann et sech ëm e Bien meuble corporel handelt.

De Gesetzesprojet vun haut verbessert also weesentlech de juristesche Kader, an deem ee sech beweegt, wann een an Zukunft online akeeft respektiv wann een numeresch Inhalter oder Servicer keeft.

Mir stëmmen dann haut eng Ofännerung vum Code de la consommation, fir deenen neie Realitéiten vun de Verbraucher Rechnung ze droen. Mir begrëssen dëst ausdrécklech, well dem Verbraucher seng Rechter mam Gesetzesprojet vun haut weesentlech verstärkt ginn.

Mir verstinn an deem Zesummenhang och, dass souwuel d'Union luxembourgeoise des consommateurs wéi d'Union luxembourgeoise des consommateurs wéi d'Chambre des Salariés an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics kritesch Avisen ofginn hunn. Mee d'Rapportrice huet eis assuréiert, dass si nach eng kéier mat hinne geschwat huet an dass schlussendlech eng Lösung fonnt ginn ass, mat där all Mënsch zefridden ass. A mir sinn eis awer och an der Kommissioun eens ginn, dass e gewëssenen Zäitdrock besteet, fir déi

ganz Gesetzeslag nach virum 1. Januar 2022 unzepassen.

Ofschléissend soen ech lech Merci fir Äert Nolauschteren a ginn heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Madamm Adehm. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. D'Europäesch Unioun gëtt jo nawell ëmmer gären negativ duergestallt. Mee et gëtt awer och emol Momenter, wou awer gewise gëtt, datt et gutt ass, wa mer eng effikass Europäesch Unioun hunn. An ech mengen, grad dës Gesetzesprojet beweist, wéi wichteg et ass, datt een och um Niveau vun de Rechter vun dem Konsument sech eng gemeinsam Linn gëtt, och eng gemeinsam legislativ Struktur, fir, wéi gesot, de Konsument beschtméiglech ze schützen.

Et dierf een net vergiessen, dass den digitale Bannemarché en immens grousst Potenzial huet. Deen entwéckelt sech och ëmmer méi. D'Akafsgewunnechte vum Bierger ännere sech permanent. Net nëmmen ënnert der Covidkris, mee och an deene leschte Jore spiert ee jo ëmmer méi - an ech ginn dovun aus, datt och bal jiddwereen heibannen dat och esou gesäit an och mécht -, datt ee vill Akeef iwwert den Onlineweé mécht. Dat ass eng Realitéit. Ob dat elo gutt oder schlecht ass, dat sief dohigestallt, mee et ass eng Realitéit, déi mer natierlech net kënnen verdrängen.

De Marché numérique gouf jo vun der Juncker-Kommissioun 2015 geschafen. Entre-temps hu mer jo och nach eng Rei aner där Marchéen. A wéi komplex u sech déi ganz Matière ass, an där mer eis hei beweegen, kann een op Basis vun enger Ausso aus engem franséische Rapport gesinn. Dat war d'franséisch Kommissioun fir aussepolitesch Theemen, déi den 8. Oktober 2013 Follgendes geschriwwen huet: « Aborder la question du numérique, c'est ouvrir la boîte de Pandore, tant est vaste l'éventail des projets couverts, qu'ils soient de nature culturelle, juridique, industrielle ou fiscale. » An dowéinst ass et awer trotzdeem wichteg, datt ee maximal legislativ Verännerunge mécht.

D'Relatioun Vendeur/Konsument gëtt jo heiduerch och verbessert. An et ass jo hei schonn e puermol ugeschnidde ginn, datt d'Sécherheet, virun allem vum Konsument, awer hei dee Moment erhéicht gëtt. Well et ass jo u sech net egal, wann ech eppes an engem Land kaf hunn, engem vun de 27 EU-Staaten, an ech weess net vu vireran, wéi meng Rechter vis-à-vis vun do sinn, wa Problemer optauchen. Wann ech awer elo weess, datt et e gesamte Kader gëtt, da gëtt dat engem vill méi eng grouss Sécherheet.

Wat och gutt ass, ass, datt déi numeresch Produkter hei och gläichgesat gi mat deene klassische Produkter.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e weesentlechen Aspekt vun dësem Projet de loi ass och d'Transmissioun vun den Données personnelles. Ech mengen, dat ass eppes, wat eng ganz kritesch Saach ass, iwwert déi mer eis och ëmmer méi Gedanke maachen. Et muss ee sech eebe bewosst sinn, wann een iwwert den digitale Wee kommunikéiert, datt een automatesch natierlech och eng ganz Rei Donnéeën vu sech selwer präisgëtt.

Wat och wichteg ass, datt sinn natierlech déi Recoursméiglechkeeten, déi fir de Konsument bestinn. Ech denken un déi zwee Méint, wéi gesot, an deenen de Konsument ka reklaméieren, wann eng Onnormalitéit op där kaafter Wuer entsteet.

Diskussiounen gouf et jo ëm den Délai de garantie oder Délai de conformité. Ech mengen, besonnesch d'ULC war jo der Meinung, datt deen Delai net laang genuch ass. Doriwwer kann een diskutéieren, mee et ass awer ganz schwéier, hei uniform eppes ze reglementéieren, well e Produit ass jo net e Produit. Datt elo Lëtzebuerg sech hei der Direktiv uschléisst, dat kann een also trotz allem awer novollzéien.

Positiv ass och, datt duerch déi Direktiven déi eenzel EU-Staaten awer nach gewësse Fräiraim hunn, fir dernieft nach kënnen aner legislativ Schrëtt ze goen. Wat een hei och nach soll ënnersträichen, ass, datt u sech dee ganze legislative Kader hei net nëmmen exklusiv fir de klassische Konsument geduecht ass, mee doriwwer eraus och fir d'ONGen an d'PMEen.

Insgesamt muss ee soen, datt hei e gudden Equilibre fonnt gëtt zwëschent den Interesse vum Verkeefer an de Rechter vum Konsument. Natierlech wäert et och an Zukunft nach vill Divergenze bei den Interpretatiounen ginn an d'Gerichter wäerte jo och net manner Aarbecht kréien. Ech denken zum Beispill hei un den Artikel 212-8. Do geet et ëm déi proportional Reduktioun vum Präis, wann en Defaut festgestallt gëtt, fir do ze soen, wéi de Präis war zu deem Zäitpunkt, wéi festgestallt ginn ass, datt en Defaut beim Produkt war an esou weider. Ech mengen, dat wäert natierlech och nach eng Rei Diskussiounen an der Praxis mat sech bréngen.

Ech wëll ofschléissend awer och nach soen, datt et wichteg ass, datt mer de Konsument och drop hiweisen, wat elo fir Neiungen kommen. Et soll ee sech jo kengen Illusiounen hignn: Dat hei si Gesetzesprojeten, sou wichteg se och sinn, déi awer a priori dobause warscheinlech net direkt de groussen Echo fannen. Dowéinst wier ee gutt beroden als zoustännege Ministère, awer och elo déi néideg Informatiounscampagne dobassen ze maachen, datt de Konsument beschtméiglech informéiert gëtt.

Selbstverständlech bréngen ech och den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi, soen awer och der Madamm Burton nach e ganz grouse Merci fir hir verschidde Rapporten. Si huet dat och op eng exzellent Manéier presentéiert.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Här Graas. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova.

■ **Mme Semiray Ahmedova (déi gréng).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Fir d'alleréisch natierlech e grouse Merci un d'Rapportrice fir de wierklech gudder mëndlechen, awer och de schrëftleche Rapport, dee mer an der Kommissioun kruten.

Mir hunn et hei mat der Transpositioun vun zwou EU-Direktiven am Konsumenteschutz ze dinn, gréisstendeels nom Prinzip vun der Harmonisation maximale. Duerch d'Transpositioun vun dësen Direktive wäert de Konsumenteschutz net just gestärkt, mee och op ganzem EU-Niveau harmoniséiert ginn. Dat férdert ee fir d'Entreprises attraktiven EU-Bannemarché, wat natierlech och ze begrëssen ass.

D'Konsumenterecht ass awer an éischter Linn net onbedéngt dofir do, fir de Bannemarché ze stäerken, mee virun allem, fir d'Konsumenten a Konsumentinnen ze schützen.

Dat, wat ech a menger leschter Ried zum Thema gesot hunn, gëllt och natierlech am Kontext vun dësem Projet de loi an et ass relativ relevant: De Consommateur ze schützen, grad an dësen Zäiten, ass immens wichteg. Mir hunn zwar haut méi Accès zu Informatiounen, mir si wierklech gutt informéiert, vläicht besser informéiert, mee et gëtt awer eng grouss Flut un Informatiounen, u Reklammen, u Produiten. An oft ass et schwéier, sech do en toute connaissance de cause ze entscheiden.

D'Konsumenterecht ass och eng Stellschrauf fir e méi nohaltege Konsum a fir eng méi ressourcëschonend Economie ze stäerken. En Usaz ass zum Beispill den Delai vun der Garantie. Eng méi laang Garantie heescht, datt d'Entreprise mussen d'Produiten esou konzipéieren, datt se méi laang halen; dat och am Kader vum Kampf géint d'Obsolescence programmée.

Dës Direktiv gëtt de Memberstaaten d'Méiglechkeet, iwwert den aktuellen Delai vun deenen zwee Joer erauszegoen. D'Regierung huet decidéiert, dat net ze maachen, mat der Begrënnung, dass mer als klengt Land hei net kënnen e „first mover“ sinn a souzeseen en Alenggang maachen.

Et ass eng verpasste Chance, datt d'EU hei net méi Courage hat a méi wäit gaangen ass. Wann déi ganz EU sech géif streng Reegelen ginn, da géife sech och schonn d'Entreprises dorun halen an upassen. Domadder hätt ee kënnen e grouse Schratt a Richtung Kreeslafwirtschaft maachen. Dëst gouf a sämtlechen Avisen zum Projet de loi och opgeworf.

D'Reparatioun dem Remplacement virzéien: D'Gesetzgebung kéint zur Kreeslafwirtschaft bäidroen, andeems eng gutt Reparabilitéit hei ënnerstëtzt géif a manner contraignant wier. No deenen neien Direktiven ass d'Prozedur net obligatoresch, Produiten ze flécken, mee déi ginn éischter ersat. De Wirtschaftsmodell, deen drop baséiert, kuerzliwieg Produiten ze konsuméieren, déi séier futti ginn an dann ersat musse ginn an och net onbedéngt weiderverwendbar sinn, ass immens ressourcenintensiv a guer net nohaltege an deem Sënn. Virun allem ass en net zukunftsfaeg. An de Modell ass och iwwerlieft a mir mussen en iwwerwannen!

Als Politik musse mir dofir och iwwert de Konsumenteschutz eraus e gesetzleche Kader schafen, deen d'Kreeslafwirtschaft promouvéiert. Mir brauchen dofir staark Signaler aus der EU. Mee och als Lëtzebuerg kënnen mir schonn elo positiv Mesuren huele wéi d'Null-Offall-Strategie - dat Gesetz ass amgaangen iwwerschafft ze ginn - a Kreeslafwirtschaftsstrategien, déi eng Rei Pisten och offréieren, zum Beispill e gesetzleche Kader fir den Droit à la réparation oder weider d'Reduktioun vun der TVA op Reparaturen, déi och esou am Koalitionsaccord virgesi sinn.

Dat alles gesot, merci fir d'Nolauschteren. An ech ginn och den Accord vun eiser grénger Fraktioun fir dës Gesetzesprojet.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Madamm Ahmedova. An den nächsten ageschriw-

wene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools merci, Här President. Ech wëllt och ufänken, fir der Madamm Burton Merci ze soe fir deen exzellente Rapport, deen si eis hei gemaach huet.

Et ass wierklech e wichtegt Gesetz, fir de Konsumenteschutz ze stäerken. An et ass och drop higewise ginn, datt jo och d'Akafsverhale vun de Leit sech geännert huet. Ech mengen, et ass flott ze gesinn, datt och zu Lëtzebuerg elo esou eng Akafsplattform existéiert. Dat ass eeben och eng Upassung vun eiser Geschäftswelt un dat verännert Akafsverhale vun de Leit. An et ass och gutt, datt dat vun offizieller Säit ënnerstëtzt gëtt.

Elo hu mer awer hei e Gesetz virleien - eeben eng Iwwersetzung vun europäesche Reglementer an eist Recht -, dat de Konsumenteschutz stäerkt. An hei wëllt ech just drop hiweisen, datt awer en Ënnerscheid ka bestoen tëschent Recht hunn a Recht kréien. Dat ass eeben déi aner Fro. An do musse mer kucken am Laf vun der Zäit, zesumme mat der ULC, zesummen och mam Konsumenteschutzministère an aneren, wéi dann elo d'Leit hiert Recht kënnen afuerderen.

Op grouse Plattformen ass dat relativ einfach, wou ee Modeller huet, wéi ee ka reklaméieren, wéi ee ka Saachen ersat kréien. Mee dat ass net fir all Ubidder un Internet de Fall! Einzeler hu sech déi techesch Méiglechkeeten vläicht net ginn. Bei aneren ass de Gebrauch vun deene Plattformen ze vill komplizéiert. An ech mengen, et sollt ee wierklech eng kéier kucken, wéi dann de Schutz vun de Konsumenten och ënnert deem Aspekt gestalt ass. Dat heescht: Wéi kënnen se hir Rechter realiséieren?

An dat ass wierklech, mengen ech, déi nächst Etapp, déi mer sollte kucken, an och déi nächst Etapp: wou mer vläicht legislativ oder och duerch aner Mëttele d'Leit kënnen ënnerstëtzen, wa se Angscht hu virun esou Prozeduren. Fréier wor et fir déi meescht Leit ganz einfach, an e Geschäft ze goen, an deem se eppes kaf haten, an do ze reklaméieren. Haut ass dat fir vill Leit eeben um digitale Wee komplizéiert ginn. An et ass, mengen ech, och eng Aufgab fir d'Politik fir ze kucken: Wou kënnen mer hëllefen? Wou kënnen mer ënnerstëtzen?

Dat gesot, ginn ech och ganz gär den Accord vun der ADR fir dëst Gesetz. Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et un där honorabelen Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Merci, Här President. Deen heite Projet de loi ass an eisen Ae virun allem eng verpasste Chance. Mir bedauern, datt d'Regierung net de Courage hat, fir méi wäit ze goe bei der Transpositioun an dem Konsumenteschutz a wichteg Aspekter eebe weider auszebauen.

D'ULC an d'CSL hu jo an hire jeeweilegen Avisen dorobber higewisen, datt do ënner anerem am Beräich vun de Garantië ganz vill sënnavoll Fortschrëtt méiglech gewiescht wären. D'Regierung geet hei de Wee vun der minimaler Transpositioun aus Rücksicht op d'Entreprises an huet och déi betreffen Interessesverbänn am Konsumenteschutz net am Virfeld consultéiert. Dat fanne mir schued!

Neanmoins gesi mir awer och ganz wichteg Fortschrëtt an den Direktiven a wäerten de Projet de loi dofir an matstëmmen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, sou wéi schonn duergestallt, soll dëst Gesetz zwou Verbraucherschutzdirektiven ëmsetzen. Et geet drëms, fir op europäeschem Niveau eng gewëssen Harmonisatioun, wat déi sougenannt Smart Goods ubelaangt, ze erreechen.

Wéi bei all Direktiv huet d'Land eng gewësse Marge de manœuvre, wat d'Ëmsetzen ugeet. Aner Länner si bei dësen Direktiven dann och definitiv e gudder Krack méi wäit gaange wéi Lëtzebuerg, grad wat de Konsumenteschutz a wat d'Nohaltegkeet ugeet. Dëst hunn d'ULC, d'CHFEP an d'CSL kloer an hiren Avisen an an hirem Bréif un d'Madamm Rapportrice kritiséiert an eng Nobesserung gefuerdert.

D'Belsch, zum Beispill, huet d'Garantie op fënnf Joer eropgesat. Mir, mir bleiwe bei zwee Joer. A Frankräich ass festgehalde ginn, datt de Konsument net nëmmen d'Recht huet, säin Artikel gefléckt ze kréien, mee datt en, wann en e flécke léisst, kéint weider sechs Méint vun enger Garantie profitéieren, also enger Garantie op dem gefléckten Produkt. Och dat gouf zu Lëtzebuerg net gemaach!

Do dernieft hu mer aus engem klengen Delai vun engem Mount, an deem ee säin Artikel muss gefléckt oder remplacéiert kréien, elo déi vag Formulierung vum „délai raisonnable“ gemaach. Och dat fanne mir Piraten net gutt. Dëst Gesetz sollt u sech e Schrëtt no vir sinn, wat de Konsumenteschutz ugeet, a keen Op-der-Plaz-Trëppelen.





Dëst Gesetz ass fir eis Piraten also eng verpasste Chance! Hei hätt ee kënnen de Verbraucherschutz nohaltig gestalten a stäerken. Et ass jo am Interêt vum Klimaschutz an dem Ressourcëspueren, datt d'Leit hir Apparater net reegelméisseg austauschen, mee en Apparat, virun allem ee mat enger gudder Energieklass, sou laang wéi méiglech halen.

Här President, léif Kolleeгинnen a Kollegeen, well et sech bei dësem Projet jo ëm eng EU-Direktiv handelt, déi d'Chamber muss ëmsetzen, wäerte mer och net géint dëse Projet stëmmen. Mee e geet eis bei Wäitem net wäit genuch an dofir wäerte mir eis enthalen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Konsumentenschutzministesch, d'Madamm Paulette Lenert.

#### ***Prise de position du Gouvernement***

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Protection des consommateurs***.- Merci, Här President. Virop e grouse Merci un d'Rapportrice fir dee ganz ausféierleche Rapport, an och fir déi wäitgeënd Zoustëmmung zum Projet.

Ech wéilt just ganz kuerz drop hiweisen, dass den Avis vun der ULC ganz fréi komm ass an och der Chamberskommissioun virloouch, wéi mer fir d'éischt eng Kéier Diskussiounen haten, soudass et net richteg an der Duerstellung ass, dass deem net Rechnung gedroe ginn ass. Mir hunn e fréi gehat a konnten eis och an enger éischter Ronn driwwer ausloossen. Den zweeten Avis huet u sech näischt Neies zu der Diskussioun bruecht, op alle Fall näischt Neies par rapport zu där Diskussioun, wéi se déi éischte Kéier geféiert ginn ass.

Et ass an eisen Aen e grouse Schrëtt a Richtung Konsumenteschutz. An och, fir eng Kéier op déi Kriticken anzegoen, déi komm sinn: Et därf een eis geografesch Lag hei zu Lëtzebuerg net vergiessen. Wa mir méi wäit gi wéi déi meescht Nopeschlänner, ass dat en Desavantage fir eise Standuert hei. Mir sinn e klenge wirtschaftleche Standuert an deemno ganz séier oninteressant fir Betriber, wa se hei méi héich Oplagen hu wéi anerwäerts. Dat ass am Fong geholl d'Raison d'être, firwat mer eis do un eng minimal Transpositioun gehalen hunn.

Ech hunn u sech den Ausféierungen näischt méi bäizefügen. Et ass ganz ausféierlech gewiescht an ech géif Merci soe fir d'Zoustëmmung, déi dëse Projet hat.

Här President, ech wollt just nach, wann Der erlaabt, d'Fro stellen, ob ech soll zu der Question parlementaire urgente Séance tenante Stellung huelen. Dat ass mer méiglech.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Mir maachen dat nom Vott dann.

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Protection des consommateurs***.- Jo.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Nom Vott vum Gesetz komme mer dann op d'Question urgente.

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Protection des consommateurs***.- Da waarden ech dorop.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Fein, merci. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7818. Den Text steet am Document parlementaire 7818<sup>11</sup>.

#### ***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7818 et dis-pense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Mir kommen dann zum Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Octavie Modert), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf);*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. François Benoy), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus: MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### ***(Assentiment)***

Et ass also esou decidéiert.

### **8. Question urgente n° 5312 de M. Claude Wiseler et Mme Martine Hansen concernant le stock de vaccins contre la Covid-19 (suite)**

Da kéime mer zur Question urgente, déi vum Här Wiseler gestallt ginn ass an deen déi schonn deelweis virgedroen hat. Da géif ech dann der Madamm Ministesch d'Wuert gi fir ze äntweren.

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- Merci, Här President. Déi éischt Fro ass: Wivill Impfdosisse vu wéi enge Vaccine sinn op den Dag vun haut bei eis am Land op Stock? Dat sinn der vun Johnson & Johnson 10.000, vu Moderna 50.000 a vu Pfizer/BioNTech 50.000. De Rapport hebdomadaire, deen Der sécherlech kennt entretemps, gétt eng Vue op d'Livraisounen, falls dat lech och interesséiert.

Déi zweet Fro ass: Ass garantéiert, dass all d'Leit, déi an deenen nächste Wochen a Méint Urecht op eng Boosterimpfung hunn, dës Impfung kënnen kréien? Et ass e ganz groussen Undrang, a garantéiert op Méint kann ech mech net ausloossen, wäert ech mech net ausloossen, well mer déi ganz Zäit iwwer tributaire vu Liwwerunge sinn. Mir wëssen, wat mer bestallt hunn. Mir hu ganz vill bestallt. Wat geliwwert gëtt, do hu mir net ëmmer den Daum drop, do musse mer eis no deem béien, wat erakënn.

Kuerzfristeg ass vill do. Allerdéngs si mer mat engem ganz groussen, wéi Der richteg gesot hutt, Undrang konfrontéiert. D'Leit waarden och op mech, dass ech zrëckkommen, fir dass mer do kënnen Decisiounen huele fir ze kucken, wéi mer dat kënnen optimal ëmsetzen. Mir sinn amgaangen ze iwwerleeën, wéi mer dat kënnen optimal maachen a Fonction vum de Stocken, vun den Demanden. Et ass sécher, dass d'Situatioun, wéi se elo de Moie war, wou laang Waardeschlaange waren, net ideal ass. Do musst Der eis just eng Chance ginn, dass mer eis kënnen zesummesetzen haut an dann eppes decidéieren. Mee do si mer schonn amgaang driwwer nozedenken, wéi een dat kann optimiséieren.

Déi drëtt Fro ass: Wäerten d'Leit de Choix hunn, mat wéi engem Vaccin se sech wëllen impfe loos-sen? Dat bezitt sech op d'Boosteren. Den CSMI huet virgesinn, dass een en mRNA-Vaccin soll ginn. Mir huele prioritär de Moderna elo fir d'Boosteren, well deen déi beschte Resultater huet am Boosteren a well de Pfizer/BioNTech fir d'Primo-vaccination am Ëmlaf ass an och an de Praxisse bei den Dokteren an esou weider, soudass beim Booster net onbedéngt de Choix garantéiert ass. Do huele mer sécher mRNA, sou wéi et virginn ass, awer elo preferenziell Moderna. Dat awer och aus der Consideratioun eraus, dass do dee beschten Effet ass opgrond vun den Etüden, déi kommen, wat de Boostereffet ugeet.

Voilà. Dat waren déi dräi Froen. Ech mengen, déi wären domadder beäntwert.

Vläicht och e Wuert zu der Motioun (ndlr: motion déposée par M. Claude Wiseler en début de séance), wann Der erlaabt.

Ech mengen, déi wäert net haut drukommen, huelen ech un, mee och do stelle mer eis natierlech d'Fro permanent. Mir hunn am Moment all Dag Reuniounen mam Groupe Vaccin fir ze kucken, wéi mer kënnen optimiséieren. Dat ass ëmmer eng Ofschätzung vum Asetze vun de Ressourcen: Wat ass méiglech? Wat ass op Stock? Wéi ass den Undrang? Och dat ass um Dësch, grad haut elo leeft dat fir ze gesinn, wéi mer dat kënnen optimiséieren. Ech kann dat net garantéieren.

Ech kann lech garantéieren, dass mer eis Ressourcen zu all Moment beschtméiglech a flexibel opmaachen, zoumaachen, ausbauen. Dat ass eng Evaluatioun, déi mer dagdeeglech maachen. Awer mech op eng Solutioun festleeën, dat kann ech haut net, well dat, wéi gesot, wierklech am dagdeegleche Rhythmus gekuckt gëtt, a Fonction vum deem, wat um Terrain ass.

Et ass awer och net ausgeschloss, dass et Sënn mécht, effektiv zousätzlech Impfzentereen opzemaachen. Dat musse mer kucken. Mir hu jo och Stocken, déi bei d'Doktere ginn. Eis Suerg ass, dass keng Stocken ongebraucht bleiwen. Dat evaluéiere mer am Moment och: Wivill Dosisse leien elo zum Beispill an de Praxisse an esou weider? Da kommen d'Apdikten. Dat wäert nach e bësselchen daueren. Bei deem Projet waarde mer haut op den Avis vum Staatsrot, oder an där nächster Zäit hoffentlech.

#### ***(Interruption)***

Dat ginn alles nei Donnéeën, soudass et fir mech net méiglech ass, elo eppes zouzuseen. Maache mer en Zousazimpfzentrum op oder net? Ech ka mech just engagéieren, dass mer do déi beschtméiglech Solutioun wäerten huelen a Fonction vum de Moyenen, déi mer hunn, an dat dann och deem-entsprechend kommunikéieren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Gesondheetsministesch. Ech géif da proposéieren, datt mer déi Motioun dann den Donneschdeg op den Ordre du jour huelen, wa mer och den Avis vum Staatsrot iwwert d'Gesetz hunn. Well dann ass d'Madamm Ministesch jo erëm hei. A mir haten och bei där Motioun jo elo keng Zäit, fir se am Detail ze analyséieren.

### **9. Question élargie n° 113 de M. Jeff Engelen au sujet du transport public**

Da kéime mer elo zur erweiterter Fro Nummer 113 vum Här Jeff Engelen iwwert den Ausbau vum RGTR-Reseau. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Här Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen. An der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (*ADR*)**.- Merci, Här President. Léif Kolleeгинnen a Kollegeen, zum Schluss vun der leschter Legislaturperiod ass an der Chamber d'Broschür „Modu 2.0 - Strategie fir eng nohaltig Mobilitéit“ virgestallt ginn, déi uschléissend och publizéiert respektiv regional virgestallt gouf.

An der Broschür goufen eng Rei gréisser verkéiers-politesch Restrukturéierungen ugekënnegt, déi bis 2025 solle stufeweis ëngesat ginn. Elo si mer ongeféier op der Hallschent vun dëser Ëmsetzung. Aus Zäitgrënn wëll ech haut net op eenzel Linnen agoen. Dat gouf ewell vun Einzelnen iwwer Question-parlementairen oder Question-élargié gemaach. Wa mer dee Volet eleng géife kucken an analyséieren, da bräichte mer e ganzen Nomëtteg, an ech mengen, dat ass haut net de But vun der Saach.

Ech wëll mech op e puer weesentlech Punkte konzentréieren. Éischstens: Den Undeel vu Passagéier am ëffentlechen Transport sollt duerch den Ausbau vum Réseau vun den CFL an och vun den RGTR-Linnen ëm 50 % gesteigert ginn, vum Joer 2017 u gekuckt bis an d'Joer 2025.

Iwwer wéi vill Linne verfüügt d'RGTR-Netz aktuell? Wéi vill sinn der säit 2017/2018 nei entstanden? Wéi verdeelen dës Neierunge sech regional? Wéi presentéiere sech d'Passagéierzuele vun deenen neie Linnen?

Dobäi hu mer och festgestallt, datt eng Rei vun neie Linnen, déi déi lescht Joren agefouert goufen, erëm ofgeännert goufen. An der Äntwert op meng schrëftlech parlamentaresch Fro mat der Nummer 4760 hat den Här Minister eng ganz ausféierlech Opstellung vun de geplangte Moderniséierungen an Neibauprojete vu Garen a Strecken am Zuchverkéier presentéiert, dëst bis d'Joer 2030. Duerfir e grouse Merci.

Kéint awer den Här Minister hei nach preziséieren, wéi eng vun deene Projete bis 2025 fäerdeggestallt ginn? An déi nämmlecht Prezisiounen och, wann et méiglech ass, fir d'Busgaren an -arrëten.

Wéi vill Passagéier hunn den ëffentlechen Transport am Joer 2017 insgesamt geholl? Wéi héich war domadder d'Auslaaschtung vum ëffentlechen Transport, a Prozenter ausgedréckt?

Kann den Här Minister elaboréieren, wéi vill Bierger-reklamatiounen géint déi eenzel Projete bis dato agaange sinn? Wéi vill sinn der dovunner beäntwert ginn, positiv oder negativ? Wat waren d'Ursaachen, firwat verschidde Reklamatiounen onbeäntwert gelooss gi sinn?

Dann deen zweete Volet: D'Zuel vun den Zich, déi ausfalen, sollt vun 1 vu 40 am Joer 2017 op 1 vun 100 am Joer 2025 reduzéiert ginn. Wat bedeit dës Gréisstenuerdnung an absolutten Zuelen? Wéi vill Zich sinn am Joer 2017 ausgefall? Wéi huet déi Zuel sech säitdeem entwéckelt? Kann den Här Minister soen, wéi vill Passagéier ongeféier vun dësen Ausfäll betraff waren?

An der Äntwert op meng schrëftlech parlamentaresch Fro mat der Nummer 4760 hat den Här Minister geschriwwen, datt déi ronn 3.800 Zich, déi 2019 bei den CFL weinst Mangel an asazbereetem Rullmaterial ausgefall sinn, just 35 % vun de Gesamtausfäll entsprach hunn. 2020 louch déi Zuel bei 1.852 an hat 33 % vun den Ausfäll entsprach. Kann den Här Minister presentéieren oder preziséieren, wéi eng weider Ursaachen an deene genannte Jore fir d'Ausfäll verantwortlech waren?

Zweetens: D'Zuel vun den Zich, déi eng Verspéidung vu sechs Minutten oder méi hunn, sollt bis 2025 ëm 25 % vis-à-vis vun 2017 reduzéiert ginn. Wéi héich war d'Zuel vun dëse Verspéidungen

2017 an absolutten Zuelen? Wéi hunn dës Zuele sech säitdeem entwéckelt? Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Passagéier ongeféier vun dëse Verspéidunge betraff waren?

Drëtte Volet: All Farplang ass ëmmer nëmmen esou gutt, wéi seng Transparenz a Verständlechkeet fir d'Leit et weist. Iwwer wéi eng Méiglechkeete verfügen d'Leit, fir sech iwwert déi bestoend Offer ze informéieren? Internet jo, mee et muss een och wëssen, datt vill Leit net iwwert dës Méiglechkeet verfügen. Ass op de Garen an ëffentlechen Arrëten en Aushank? Wéi gëtt dësen à jour gehalen a wien ass heifir responsabel?

Wéi vill Zäit vergeet am Normalfall - extreem Situat-iounen wéi d'Héichwaasser ausse vir gelooss - zwëschent deem Moment, wou d'CFL wëssen, datt en Zuch ausfält, bis zu deem Moment, wou d'Leit sech op den digitale Servicer doriwwer kënnen informéieren? Wéi presentéieren déi entsprechend Delaie sech fir d'elektronesch Anzeigen an d'Lautsprecher-annoncen op de Garen? A wéi presentéieren déi ent-sprechend Delaie sech allgemeng fir d'Bussen?

Do ass mer och zu Ouere komm, datt, wann en Zuch Verspéidung huet an deemno wéi vill Minutten, da waarden d'Bussen net, bis datt deen Zuch eran ass. Da fueren déi virun der Zäit fort an da mussen d'Leit jee nodeem eng hallef Stonn oder eng Stonn waarden, fir deen nächsten Zuch oder Bus ze huelen. Ech mengen, och do misst een e bësse méi flexibel sinn an dat mat den Delaien och berücksichtegen.

Ech mengen, meng Zäit ass ofgelaf. Ech géif lech da Merci soe fir Är Opmierksamkeet, Här President, an ech géif dem Här Minister en häreizleche Merci soe fir seng Äntwerten.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Engelen. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Mobilitéitsminister François Bausch.

■ **M. François Bausch, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics***.- Merci, Här President. An och merci dem Här Engelen fir seng vill Froen. Ech wëll vläicht ufänke mat dem RGTR-Reseau an him verdäitlechen, wat fir en immensen Effort mer gemaach hunn, fir datt en och deem entsprécht, wat mer am Modu 2.0 ugekënnegt haten. Ech wëll awer direkt virausschécken, datt den neie Réseau nach net komplett fäerdeg ass. Den neie Réseau ass fäerdeg am Juli 2022, datt heescht also d'nächst Joer, wou ech awer direkt wëll derbäi betounen: „fäerdeg“ heescht net „a Bëton gegoss“.

E Busreseau leeft souwisou vun der Entwécklung vum Land an natierlech musse mer permanent Adaptatiounen maachen, respektiv, vu datt mer esou eng grouss Reform gemaach hu wéi déi heiten, ass et sécherlech noutwendeg, ëmmer erëm Saachen ze hannerfroen. Well bei villem, wat ee sech schéin ausgeduecht huet, stellt sech herno an der Praxis natierlech ëmmer erëm eraus, datt et net grad esou fonctionéiert, wéi een et geduecht huet. An duerfir muss een da flexibel genuch sinn, fir duerno och drunzegoen. An zweetens huet natierlech och d'Entwécklung vun den Aarbechtsplazen zu Lëtze-buerg, vun den Awunner, eng wansinneg Dynamik an et ass och net ëmmer alles virauszegesinn.

Ech kann lech awer soen: Mir hunn eleng 292 ver-schidden Iddien an de Projet afléisse gelooss, déi vun Avise komm si vu Gemengen. An an den Avise vun de Gemenge waren och ganz vill Doleancë vun de Bierger mat dran. Duerfir kann ech lech elo schwéier soen, wéi vill dat der an der Zuel waren, mee et waren der vill! Well 292 Iddien ... Do koume Saachen derbäi, déi vun de Gemenge selwer gefrot gi sinn, mee och vun de Bierger.

Dann hu mer awer och natierlech eng Hotline, respektiv eng Mailadress, wou d'Leit eis kënnen schreiwen, wou systematesch Saachen erakommen an déi mer och souwäit wéi méiglech ëmmer kucken an op alle Fall beäntworten. Et ka mol virkommen, datt eng Äntwert vläicht e bëssen Zäit brauch, dat ginn ech gar zou. Ech schléissen och net aus, datt emol eng Kéier eng Mail vläicht verluer geet. Mee am Prinzip ass et awer net de Fall, well ech kréie se all virgeluecht, an dat sinn der relativ vill, kann ech lech soen, wou mer de Leit äntworten. Et geet jo drëms, datt mer e Busreseau maachen am Interessi vun de Leit!

D'Passagéierzuele vum Bus - an dat nämmlecht trëfft natierlech och duerno fir den Zuch zou an och fir den Tram -: Et ass natierlech relativ schwierig, datt elo schonn alles am Detail ze erklären. Ech ginn lech awer herno e puer Zuelen, haaptsächlech elo vun dësem Joer. Firwat? Ma natierlech: 2020 war en extreem speziell Joer, et war Lockdown, et war Homeoffice nach ganz, ganz staark bis an de Summer. Elo gëtt iwwregens erëm méi Homeoffice gemaach. Elo geet et erëm an eng aner Richtung, huelen ech un.

Dat heescht, mir haten am Joer 2020 natierlech eng Baisse an allen ëffentleche Verkéiersmëttel loge-scherweis, well éischstens vill manner Leit gefuer sinn a souguer de Réseau eng Zäit laang ausge-dénnt gi war, well jo quasi guer näischt gelaf ass. An d'Leit ware souwisou am Ufank och zimmlech zrëckhalend, bis verschidde Saache gekläert waren





an och d’Konditioune geschafe waren, wéi se haut sinn, fir datt si sech méi ofgeséchert konnte mam éffentlechen Transport deplacéieren.

Dann dierf een och net vergiessen, datt de Busreseau natierlech nach ëmmer permanent ännert, am Sënn, datt e jo och en Afloss huet am Zesummespill mam Tram, awer och mam Zuch. Dat heescht, alles wat fäerdeg gött an deenen nächste Joren - Dir hutt et zu Recht gesot, bis 2025 sinn nach ganz grouss Infrastrukturprojeten, déi kommen, ech wäert der och nach e puer opzielen - huet natierlech en Afloss.

Och do e Beispill: Et ass logesch, datt, wéi den Tram bis op d’Gare komm ass, dat natierlech en Afloss op de Busreseau hat an och verschidde Linnen erëm reorganiséiert gi sinn a Funktioun vum Tram, wou e grad fiert. An dat wäert och nach eng Rei Joren esou bleiwen, och an Zesammenhang mam Zuch, soudatt et ganz schwiereg ass, haut scho kënnen e Bilan ze zéien. Dat wär absolutt ze fréi! Dee kann een eréischt zéien, géif ech soen, een oder zwee Joer nodeems déi grouss Projete fäerdeg sinn an dat Zesummespill a sengem groussen Deel bis ofgeschloss ass.

Et ass awer esou, datt den Tram elo och nach weider evoluéiert. Mir wäerten d’nächst Joer am September déi nächst Statiounen opmaachen. Dat heescht, da si mer schonn uewen zu Bouneweg. Dat huet erëm en Afloss. Do kommen zum Beispill all déi Bussen, déi dann natierlech vu Réimech, also aus engem Deel vum Oste kommen, déi wäerten dann do déi Gare usteieren, op den Tram direkt. Dat gött fir d’Reesend éischer e Gewënn, well se natierlech vill méi einfach kënnen ëmsteigen, wéi dat haut de Fall ass. Bon, dono kënnt d’Cloche d’Or an da kënnt de Kierchbiere, virum Findel, wou de Park & Ride gebaut gött, wou jo och en neie Pôle d’échange gebaut gött. Alles dat huet natierlech e groussen Afloss.

Zu den Zuele kann ech lech awer soen, et gött ee Verkéiersmëttel, wou mer zimmlech prezis Zuele vun de Reesenden hunn: Dat ass den Tram. Firwat? Ma well am Tram haut schonn - am Bus kënnt dat awer och elo mat där neier Busflott - all Reesende gezielt gött. Dat heescht, do ass eng Fotozell an den Dieren agebaut a mir wësse genau, wéi vill der eran- an erausklammen. Mir kennen och genau d’Zuele vun den Arrëten, wat fir Arrëten am meeschte besicht sinn, wou also am meeschte Leit eran- an erausklammen. Dat ass zum Beispill den Hamilius-Arrêt, an dann natierlech d’Gare centrale.

Mee zum Beispill wësse mer beim Tram: Wéi mer de gratis éffentlechen Transport agefouert hunn, hate mer e Peak, deen ass dunnt eropgaangen - an déi Zäit ass e jo nach net op d’Gare gefuer - op 31.000 Reesend. Bon, dono ass et natierlech immens erofgaangen, op ënner 5.000 am Lockdown. Mee elo, zënter datt et erëm normal leeft, gi mer quasi vu Rekord zu Rekord! Mir sinn elo schonn déck an déi 70.000 Passagéier pro Dag. Dat heescht, et gesäit een immens, wéi dat zouhëlt an datt dat Zesummespill och ëmmer besser fonctionéiert.

Dann zu Äre Froen am Zesammenhang mat den CFL, wou Der gefrot hutt: Wat sinn déi nächst Saachen, déi kommen? Enn 2022 sinn de 5. a 6. Quai fäerdeg vun der Gare Lëtzebuerg. Dat ass e ganz, ganz wichtige Projekt! Da sinn nach eng Rei Saachen ze maachen: Gleisbau op deenen zwou Säiten, an da wäert fir de Farplangwiessel am Dezember 2023 d’Gare Lëtzebuerg vill méi Capacitéit hunn.

Dann hu mer och Duerchgangsgleiser, wat eis aner Méiglechkeete gött, fir d’Zich erëm nei ze organiséieren. Da kënnen zum Beispill méi Zich, soen ech lo mol, direkt vun Ettelbréck op Péiteng fueren oder op Esch fueren. Déi halen natierlech an der Gare Lëtzebuerg, mee et ginn an der Gare Lëtzebuerg dann Duerchgangszych.

Dann hu mer natierlech eng ganz Rei Garen, wou d’Aarbechten amgaange sinn. D’Gare Ettelbréck zum Beispill ass eng dovunner. Mee et sinn am Ganze 25 grouss Garen, wou Aarbechte sinn! D’Gare Rodange ass am Bau, de Park & Ride zu Rodange, mee och d’Gare selwer. D’Gare Miersch ass am Bau. Déi wäert bis Enn d’nächst Joer fäerdeg sinn. D’Gare Waasserbëlleg ass am Émbau. Dat wäert och bis Mëtt 2023 fäerdeg sinn. Dat heescht, déi Projete lafen all zimmlech gutt. Bei der Beetebuerger Streck hu mer liicht Verspéidung kritt, awer net vill. Och déi wäert awer relativ séier an deenen nächsten zwee Joer kënnen benotzt ginn, wat erëm e Capacitéitssprung mat sech bréngt, wa mer do véier Gleiser hunn amplaz déi zwee vun haut.

An dat nammlecht betrëfft och Infrastrukturen, wéi Der och gefrot hutt, fir d’Informatioun vun de Reesenden. Den Auris-System, dee geduecht ass, fir déi Reesend an Echtzäit iwwer alles ze informéieren - dat ass jo elo automatiséiert -, ass souwäit ofgeschloss. Enn des Joers gött dee ganz ofgeschloss. Da sinn op de grouss Garen - an den ekipéierten Zich souwisou - och d’Anzeigen an Echtzäit.

Mir hunn e Riseprogramm vu Suppressiounen vu Passages à niveau, déi an der Aarbecht sinn zum Deel, mee wou der och nach vill wäerten derbäikommen.

An et ass och esou, datt ech kucken ... Dir hutt och elo gefrot, fir nach méi detailléiert Zuelen ze kréie fir déi lescht Joren. Ech hat eng Kéier op eng Question parlementaire geäntwert, ech weess net méi, wat fir e Joer, ech mengen, et war 2018 oder 2019, wou mer genau festgeluecht haten, wéi vill Verspéidungen et bei den Zich ginn an och d’Ursachen an a Funktioun vun den Objektiver, wat mer nach alles wëlle maachen. Ech hunn déi Zuelen natierlech elo net hei, mee ech liwweren lech déi awer gär no. Dat ass kee Problem. Ech kucken, datt ech se zesummestelle loossen an da schécken ech alleguer den Deputéierten déi no. Dann huet d’Chamber och do den Detail dervun.

Dann ass et esou, datt de Plan national de mobilité 2035 nach ëmmer falsch verstane gött. Dat ass elo net eppes Neits. Dat ass elo net, datt mer, soen ech mol, do en neie Modu-Plang géife bréngen. De Modu ass am Fong zum groussen Deel, ech wëll net soen dat Theoreetescht, mee d’Planungsinstrument, wat mer eis ginn hunn, déi nei Approche. Do waren och eng Rei Infrastrukturen dran. An de Plan national de mobilité 2035 ass am Fong déi praktesch Ëmsetzung dovunner. Do wäert Der gesinn, dat huet e puer Kapiteln. Dat wäert Enn Januar, wéi ech et versprach hunn, och ofgeschloss sinn. Da kommen ech selbstverständlech der Chamber dat och virstellen. An do ass dann natierlech och erëm e ganzen Deel vun neien Infrastrukturen, souwuel am schinnegebonnene Verkéier, d’Extensiounen vum Tram, mee och vum Zuch - do kommen eng ganz Rei interessant Saachen, wäert Der gesinn, déi mer wäerte presentéieren -, a selbstverständlech och de Stroossereseau.

Also dee ganze Beräich ass, kann ee bal soen, e Chantier, dee ganze Mobilitéitsberäich. Dat ass iwwregens virun allem op der Schinn, mee net nëmmen, et ass en général de grouss Problem, dee mer hu mat de Verspéidungen, déi mer de Moment natierlech logescherweis selwer verursachen. Well wa geschafft gött, geet et net esou gutt wéi wann net geschafft gött! Dat ass logesch. Mee ech mengen, mir sinn eis all eens: Mir müssen dat awer maachen, fir datt mer endlech op en anere Wee kommen.

An de Plang 2035 huet genau zum Zil, datt mer och net méi hannendrun lafen, datt mer iergendwann eng Kéier mol op de Punkt kommen, datt parallel zu der Entwécklung d’Infrastrukturen do si respektiv déi néideg Mobilitéitsinstrumenter geschafe gi sinn.

Merci op alle Fall fir Är Froen. An déi Zuele wäert ech lech gäre schrëftlech noliwweren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch.

## 10. Ordre du jour (suite)

Op Ufro vun der Regierung gött proposéiert, dee leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut, de Projet de loi 7822, no vir ze réckelen, soudatt en direkt no der Orientéierungsdebatt iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Staat drukënt. Ass d’Chamber mat där Ofännerung vum Ordre du jour averstanen?

(*Assentiment*)

Dann ass et esou decidéiert.

## 11. Motion de M. Jeff Engelen relative à la suppression de toute forme de discrimination liée à l’âge dans le Code de la route

(*Motion déposée en séance publique n° 10 du 10 novembre 2021 - à consulter au compte rendu n° 3/2021-2022 en page 100*)

Als nächste Punkt um Ordre du jour kënnt d’Motioun vun Här Jeff Engelen iwwert d’Ofschaffung vun all Form vun Altersdiskriminatioun am Code de la route. An ech géif d’Wuert dem Auteur vun der Motioun ginn, dem Här Engelen.

### Exposé

■ **M. Jeff Engelen (*ADR*), *auteur*.** - Merci. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, a leschter Zäit heefe sech d’Fäll vu Leit, déi net verstinn, firwat si mat 75 Joer hire Füherschäin an de Kategorien C an D net méi därfe verlängert kréien. Ech mengen, ech hat lech déi Motioun schonn deelweis virgestallt, ech wëll duerfir net nach eng Kéier op all Detail agoen. Mee op alle Fall waren do eng Rëtsch Füherschäiner, déi dunh hir Gëltegkeet verluer hunn op deem Dag, egal wéi fit a wéi gesond een nach war. An den direkten Nopeschlänner Frankräich an Däitschland ass dat net esou. An ech mengen, duerfir ass och de Leit opgefall, datt se am Ausland nach de Füherschäi géife behalen an hei net!

Ech mengen, dat betrëfft haaptsächlech Leit, déi Gefierer hu wéi Campingcaren. Dat gött jo déi lescht Zäit ëmmer méi beléift bei de Leit. An et gött awer och Sammler vun historiesche Gefierer, déi am Fong geholl dovunner beträff sinn, wa se zum Beispill u Kommemoratiounsveranstaltungen oder aner Saache wëllen deelhuelen. Da geet dat net, well se kee Füherschäi méi hunn.

An zu där Problematis goufen och zwou QPe gestallt: eng vu mengem Kolleeg, dem Här Roy

Reding, an eng vum Här Michel Wolter. Bei der Äntwert op d’QP vum Här Roy Reding hat den Här Minister duerchblécke gelooss, dank dem medezinesche Fortschrëtt géif hie fir déi nächst Ännerung beim Code de la route proposéieren, fir des Altersgrenz opzehiewen, soulaang wéi de Gesondheetszoustand natierlech vun där betroffener Persoun dëst zouléisst.

Mee bei där Äntwert huet den Här Minister den Zäitpunkt net definéiert. Mir sinn awer der Meenung, datt des Altersdiskriminatioun awer sollt ... Bon, mir hate schonn am November oder am Oktober gesot gehat, si sollt bis Enn des Joers gestrach ginn. Ech mengen, dat geet elo net méi esou séier, datt ass jo ganz kloer. Mee et wier awer gutt, wa mer do eng Zousou kréichen, fir et relativ esou séier wéi méiglech ze maachen.

An dat ass och eng Fro, déi nach opsteet: Wéi soll déi Altersdiskriminatioun retroaktiv gëlle fir déi Leit, déi de Füherschäin aus Altersgrënn net méi verlängert kruten an de leschte Joren? Och do wäre mer frou, wa mer Auskunft géife kréie vum Här Minister.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Här Engelen.

Als éischte Riedner ass den Här Serge Wilmes agedroen.

### Discussion générale

■ **M. Serge Wilmes (*CSV*).** - Villmools merci, Här President. Jo, den Här Engelen hat et och schonn elo grad erwäant, de Fraktiounskolleeg, de Michel Wolter, hat och Enn Juli eng änlech Fro gestallt, déi an déi selwecht Richtung gaangen ass wéi déi vun dem Här Reding - ech mengen, dee war dat dann dee Moment jo. An den Här Minister huet am August och dorobber geäntwert gehat an effektiv jo duerchblécke gelooss, datt en da géif bei der nächster Ännerung vum Code de la route virschloen, datt een dann déi Altersgrenz vu 75 Joer bei de Kategorien C an D vum Füherschäi kéint ophiewen. Da géif eeben de Gesondheetszoustand gekuckt ginn, soudatt, wann een apte ass, dat nach ze maachen, de Füherschäin dann och ka verlängert ginn.

An der Motioun selwer ass just ee Saz, nämlech den Haaptsaz herno, d’Opfuerderung - do steet dran, datt „all Forme vun Altersdiskriminatioun“ sollen opgehuewe ginn -, fir eis net kloer genuch, well hei schwätze mer jo iwwert de konkrete Fall vun de Leit, déi mat 75 Joer dann eeben am Moment net méi kënnen C an D kréien. Do ass jo elo duerchblécke gelooss ginn, datt een dat vläicht kéint ophiewen.

Mee wat fir aner Forme vun Altersdiskriminatioun gött et dann nach am Code de la route? Mir hunn elo net den lwwerbléck doriwwer. Dofir ass dat e bëssen dat Wuert, dat eis stéiert dodranner, well mer net kloer gesinn, wat dat dann alles nach soss fir Bedeitungen oder Konsequenzen huet. Bon, vläicht huet de Minister dorobber Äntwerten. Mee mir hätten u sech net elo e Problem, se matzedroen, wann dat op d’mannst géif preziséiert ginn; well mir kënnen eis net e kloren lwwerbléck dovunner maachen, wat dat nach alles géif bedeiten.

Op jidde Fall, bei dem C an D hu mer jo selwer eng Fro gestallt. Do ass jo elo eng Äntwert komm, mat där mer kéinte liewen. Domadder wäre mer averstanen. Mee wat soss nach alles um Dësch géif leien, dat géife mer fir d’éischt emol gär eng Kéier wëssen, ier mer eis dann och kéinten allgemeng zu där Motioun äusseren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci, Här Wilmes.

Dann huet den Här Mobilitéitsminister François Bausch d’Wuert gefrot.

### Prise de position du Gouvernement

■ **M. François Bausch, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.** - Jo, merci och hei dem Här Engelen an och dem Här Wilmes fir hir Interventiounen. A wéi den Här Wilmes zu Recht gesot huet um Schluss, hat ech am Juli bei där Question parlementaire vum Här Wolter gesot, datt ech seng Meeung géif absolutt deelen an datt ech dat och wëilt änneren. A wann ech eppes soen, da maachen ech dat och an den Text ass souwäit fäerdeg.

Et ass awer esou: Ech hat dat deemools an der Fro beäntwert, ech sot, mir géifen net elo fir dat doten en eenzelnen Text maachen, well mir ware souwisou amgaangen, eng ganz grouss Reform ze mache vum Code de la route. Also déi war och schonn souwäit ofgeschloss, net ofgeschloss, mee de groussen Deel war fäerdeg am Juli, an ech hat net méi spéit wéi virun zwou Woche mat menge Leit eng lescht Sëtzung. Dat heescht, ech wäert de Gesetzesprojet fir déi gesamt Reform, wou dat hei mat dran ass, Enn Dezember oder am Laf vum Januar an der Chamber deposéieren.

An duerfir ass menger Meenung no déi Motioun och superfetatoire. Am Fong ginn ech hei an enger Motioun zu eppes opgefuerdert, wou ech schonn am

Numm vun der Regierung geäntwert hunn, datt mer et souwisou maachen an amgaange sinn ze maachen. Bei allem Respekt, an et ass natierlech jidderengem säi Recht, eng Motioun ze stellen, mee ech hoffe jo net, datt mer elo andauernd Motiounen hei stëmmen an der Chamber par rapport zu Saachen, déi souwisou lafen. Well da kann ech lech nach honnert lddie ginn! Ech kann lech nämlech nach eng Rei Gesetzesprojete soen, déi ech amgaange sinn ze maachen, da kënnen mer do och nach Motiounen hei stëmmen. Mee ech mengen net, datt dat jo awer de Sënn ass vun der parlamentarescher Aarbecht. Also wéi gesot: Dat leeft!

Et ass och esou, datt déi Dispositiounen schonn zënter 1992 esou am Code de la route steet. Also et ass net esou, datt ech déi erfonnt hätt. Déi gött et schonn éiweg! Et huet bis elo effektiv - wéi et och an der Fro vum Michel Wolter zu Recht opgeworf ginn ass - ni ee beériert: net nëmme well d’Leit, wéi soll ech soen, elo méi fit sinn, wa se am Alter sinn, mee well natierlech déi Fro vun de Mobilhomen an de Campingcaren, wat ech och flott fannen, elo ganz in ass, haaptsächlech bei pensionéierte Leit, an dat huet enorm zougehoen. An doduerjer sinn déi Froen och elo méi opkomm.

Mee wéi gesot, et ass awer ganz berechtigt a mir maachen dat ganz sécher! Dir wäert gesinn, wann den Text kënnt, entweeder nach Enn dëst Joer oder spëtstens am Januar d’nächst Joer, da wäerte mer dat natierlech esou maachen, datt och alleguer déi Leit, déi dann iwwer 75 sinn ... Natierlech mussen se d’gesondheetlech Bedéngungen erfüllen! Si müssen awer ... Dat wëll ech awer dobäi betounen, mir wäerten net elo einfach verlängeren. Et muss ee schonn en Examen médical maachen. An da wäerten natierlech déi Leit alleguerten de Füherschäi kréien oder en erëmkreien oder verlängert kréien, wéi dat sech gehéiert, fir datt se da kënnen mat hirem Campingcar doruechter fueren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Här Bausch.

An dann huet den honorabelen Här Carlo Back d’Wuert gefrot.

### Discussion générale (suite)

■ **M. Carlo Back (*déi gréng*).** - Jo. Merci, Här President. Merci och fir déi Motioun do vum Här Jeff Engelen. Natierlech ass dat och fir eis ee Souci. Altersdiskriminatiounen, all Zort vun Diskriminatiounen si fir eis Gréng e Problem, Här Engelen. An och déi heiten ass fir eis e Problem.

An ech mengen, de Minister huet gesot, e géif de Code de la route änneren. E mécht dat jo reegelméisseg. An dat soll dann och geschéien. De Projet de loi schéngt jo fäerdeg ze sinn, soudatt mir der Meenung sinn, datt mer ... déi gréng huelen déi hei Motioun net un. Mir stëmmen do dergéint.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Här Back. Et ass keng weider Wuertmeldung méi do. Oder nee, nach den Här Engelen, als Auteur vun der Motioun.

■ **M. Jeff Engelen (*ADR*), *auteur*.** - Jo. Mir haten déi hei Motioun deponéiert opgrond vun der Äntwert op dem Här Roy Reding seng Question parlementaire, wou am Fong geholl den Datum opstoe blouf, weini datt dat da géif ëngesat ginn. Do war net preziséiert ginn, weini. Et war just preziséiert gi „bei der nächster Ofännerung vum Code de la route“. Ass dat a sechs Méint? Ass dat an engem Joer? Oder an zwee, dräi Joer? An doduerjer hate mir déi Motioun hei deponéiert.

Dat war am Fong geholl de Sënn an den Zweck vun där Motioun, an net fir elo d’Regierung hei an do ... Mee et gong just drëm, datt mer déi Saach wollte kloerstellen. Dat war am Fong geholl de Sënn an Zweck vun där Motioun, wéi mer se deponéiert hunn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci, Här Engelen. Haalt Der drop, datt déi Motioun zur Ofstëmmung kënnt?

■ **M. Jeff Engelen (*ADR*), *auteur*.** - Jo.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Jo. Da kënnen mer zum Vott kommen.

### Vote sur la motion

D’Ofstëmme fänkt un. Fir d’éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmmen, 33 Nee-Stëmmen an 22 Abstentiounen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 4 voix pour, 33 voix contre et 23 abstentions.*

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*





*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Georges Engel), Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch* ;

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue* ;

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo)* ;

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

## 12. Motion de M. Jeff Engelen relative à l'introduction de la flèche verte dans le Code de la route

*(Motion déposée en séance publique n° 10 du 10 novembre 2021 - à consulter au compte rendu n° 3/2021-2022 en page 100)*

Dann als nächste Punkt komme mer zur Motioun vum Här Jeff Engelen iwwert d'Aféierung vum grénge Feil am Code de la route. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*), *auteur*.- Merci, Här President. Mir haten dës Motioun scho virgestallt, ech mengen, wann ech mech gutt kann erënneren, dee leschte Mount. Et geet drëm, fir dee grénge Feil an de Code de la route anzeféieren. Ech wëll net méi op all Detail vun dëser Motioun agoen, ech hat lech se ewell virgestallt. Ech wëll lech dat erspue- ren.

Mee et geet drëm am Fong geholl, datt ee bei enger Rouder Luucht ënner verschiddene Bedéngunge kann no riets oder och, deemno wéi de Fall läit, no lénks ofbéien, wat an ënnerschiddlecher Form an och bei ënnerschiddleche Gesetzeslagen ewell besteet, an zwar am Ausland: an Däitschland, Polen, Frankräich an esou weider. An et sinn eng Rëtsch Kräizungen, déi sech géife fir eng Rietsof- béiung ganz gutt eegenen.

De grénge Feil hätt och eng Rëtsch Virdeeler: datt de Verkéier méi flësseg géif ginn hei am Land, de Stau kéint reduzéiert ginn, och d'CO<sub>2</sub>-Emissionen. De Chauffeur däerf sech awer nëmmen an déi Richtung vum Feil beweegen, déi uginn ass, nodeem e sech vergewëssert huet, datt och näischt vun där anerer Säit kennt an d'Kräizung fräi ass. De blënkende Feil kann nëmmen an den Asaz kommen, wann et rout ass. An dat war am Fong geholl de Sënn an Zweck, firwat mir dee grénge Feil deemools wollten hunn. Mir hunn lech dat och proposéiert.

Mir sinn ons och bewosst, datt en erhéichten Acci- dentsrisiko duerch d'Aféierung vum grénge Feil net besteet, well de Chauffeur muss verschidde Reegelen anhalen, fir kënnen trotz Rouder Luucht ofzébéien.

Mir haten awer och gesot, op zwou Plaze wéilte mer kee grénge Feil. Dat ass op Kräizungen, déi op engem Schoulwee leien. Do solle keng gréng Feiler installéiert ginn, well hei, obschonns de Chauffeur op d'Foussgänger oppasse muss, de Risiko besteet, datt hien een oder méi Schüler, déi sech net un d'Ver- kéiersreegelen halen, méiglecherweis iwwersäit an et esou eventuell zu engem Accident kéint kommen. Och bei Kräizunge mat Zuchverkéier wëlle mer kee grénge Feil.

An dat war am Fong geholl dat, wat mir gefrot hunn. Ech hunn lech dat och deemools deponéiert. A mir sinn der Meenung als ADR, datt mer dës Iddi vum grénge Feil an de Code de la route sollen ophuelen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engelen.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Serge Wilmes agedroen.

### Discussion générale

■ **M. Serge Wilmes** (*CSV*).- Villmools merci, Här President. Also mir ënnerstëtzen déi heite Motioun net, well an deem heite Fall dee grénge Feil eng falsch Sécherheet gëtt a well en nämlech zu Konflikter awer féiert.

Et ass ganz kloer: Wann een ofbéit, riets oder lénks, riskéiert een, a Konflikt ze komme mat deenen, déi am vulnerabelste sinn, déi ze Fouss ginn oder mam Vëlo fueren. An dofir gétt et jo och hautdesdaags schonn d'Méiglechkeet - an deem Sënn ass orange

besser wéi gréng an deem heite Fall -, well et deem orangë Clignotant ass.

### (Brouhaha général)

Nämlech deem orangë Clignotant, bei deem ass et jo haut scho méiglech, datt ee kann dann dee Mo- ment, wann een oppasst - et huet een net dann d'Prioritéit, et huet een net einfach Virfaart -, scho riets oder lénks ofbéien. Mir hunn dat selwecht och agefouert mat mat de vel'OH!en. Dat ass dee selwechte Prinzip, och déi clignotéieren, mee och déi sinn orange Clignotanten an net einfach gréng geschalt, fir kënnen op Kräizungen ofzébéien, eebe fir opzepassen, fir net déi Konflikter erbäizeféiere mat deene Vulnerabelsten.

Dowéinst si mir net fir déi heite Motioun, mee esou wéi et am Moment eebe gehandhaabt gëtt, dat fanne mer eng gutt Aart a Weis.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wilmes.

An da ginn ech d'Wuert un de Mobilitéitsminister, den Här François Bausch.

### Prise de position du Gouvernement

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn e bëssen an engem Dilemma. Normalerweis misst ech jo ganz sécher fir e grénge Feil sinn, deem d'Richtung ugëtt oder virgëtt.

### (Interruptions et hilarité)

Mee an deem heite Fall fillen ech mech schwéieren Häerzens gezwongen, fir deem orangë Feil ze sinn.

### (Exclamations)

An den Här Engelen weess schonn, op wat ech eraus wëll. Duerfir wëll ech dat och virausschécken, datt ech dat hei keng gutt Iddi fannen. Mee ech wëll em awer och Argumenter ginn, Spaass bäisäit.

Et gëtt eng Rei Argumenter, zemools zu Lëtzebuerg, fir hei net derfir ze sinn. Den Här Wilmes huet schonn e puer Sécherheetsargumenter virbruecht. Mee et gëtt och nach anerer zu Lëtzebuerg, och praktescher Natur. Well wann een dat dote wëllt maachen, oder respektiv déi Länner an déi Stied oder Géigenden, wou et gemaach ginn ass, do muss ee gewësse Configuratiounen hu vu Kräizun- gen, déi dat doten och sécher erlaben. Wann een déi awer net huet, an dat ass zu Lëtzebuerg bei deene meeschten de Fall, dann ass dat extreem problematesch.

Dat Zweet ass: Mir hunn zu Lëtzebuerg eng aner Traditioun - ob een déi elo ëmmer berechtegt a gutt fënnt, dat ass eng aner Saach -, dat ass, datt mir op Kräizungen oft Ofbéispueren hunn. Dat heescht, dee Problem, dee jo hei soll behuwee gi fir d'Fluidi- téit vum Trafick, dee stellt sech duerfir bei eis an deem Mooss manner. Ech wëll net soen, datt et keng Kräizung gëtt, wou et en net gëtt.

Dann hutt Der nach e Problem, dat ass och ee vu Kultur. Dir musst wëssen, dat heite bedeit, datt déi Autofuerer, also d'Autofuerer en général, eng immens Respekt-Kultur mussen hunn. Well wann dann een do kennt an dee béit net of an e bleibt stoen - e muss souwisou stoe bliewen, well och an der Reegel wéi se am Ausland ass, do wou et se gëtt, dierf en net einfach duerchfueren, e muss eng kéier stoe bliewen, kucken, an dann dierf en eréischt fueren, dat ass emol schonn déi éischt Reegel -, do muss ee sech dru winnen.

Ech weess, an de Vereenegte Staaten, do kënnen se bei ganz ville Kräizunge bei Rout carrement riets ofbéien, wa kee kennt. Mee dat ass awer an de Ver- eenegte Staate vun Ufank un esou gewiescht. Et ass eng Traditioun do. Do gëtt dat och immens respektéiert. Bei eis wär dat komplett nei.

An dann ass natierlech de Problem: Wann ee kennt, deem iwwerhaapt net wëllt ofbéien, deem awer an där Spuer fiert, da bleibt deem natierlech stoen. An da kennt deem hannendrun, dee wëllt awer, da fänkt deem u mat tuten. An da kritt Der där Konflikter. Also dat ass net eng immens gutt Léisung, wëll ech lech soen.

Da kommen nach eng Rei aner Konflikt- a Gefore- potenzialer derbäi, déi ech lech net wëll opzielen. An ech wëll lech och soen, déi Stied oder déi Régionen, déi et agefouert haten, déi sinn éischer um Réckzuch. Dir hutt lech referéiert zum Beispill op Hamburg. Ech hunn dat nokucke gelooss: Tëschent 2001 an 2016 ass d'Zuel vun de Grünpfeile zu Hamburg vun 360 op 202 erofgesat ginn. An dat huet dermat ze dinn och, well et an Däitschland vill Etüde gi sinn, déi einfach beluecht hunn, datt et net ganz gutt ass, also datt wierklech eis Stroossereseauen duerfir net adequat sinn. An d'Sécherheet, mengen ech, muss awer ëmmer nach virgoen.

A wéi ech virdu gesot hunn, well mir en plus vill Ofbéispueren extra hunn an d'Fluiditéit hei och net schrecklech vill dobäi géif wannen, géif ech derfir plädéieren, datt d'Chamber dat heite géif ofleenen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Bausch.

Den Här Sven Clement freet d'Wuert.

### Discussion générale (suite)

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Merci och dem Minister fir d'Erklärungen. Ech ka mech deene quasi uschléissen. Ech wollt vläicht och eis Positioun dozou kloermaachen.

Op den éischte Bléck kléngt jo eppes, wat de Ver- kéier méi fléissend soll gestalten, gutt. D'Fro ass also: Gestalt dat heiten de Verkéier méi fléissend?

An do gëtt et eng Studie, déi net grad vun enger Verkéierslobby, mee vun der „Unfallforschung der Versicherer“ an Däitschland an Optrag gi gouf. Déi hunn Honnerte vu Kräizungen, Dausende vun Acci- denter gekuckt. Dat ass definitiv net dee progres- siivste Veräin, mee si sinn zum Schluss komm, datt et keng nennenswäert Virdeeler fir de Verkéiers- floss gëtt. Dat heescht, d'Zil, de Verkéier méi fléissend ze maachen, dat gëtt net erfëllt.

Wat se awer fonnt hunn, ass, datt et zu méi Konflik- ter, wann och net zu enger Heefung vun den Acci- denter, mee awer zu méi Konflikter a „Bal-Acciden- ter“ tëscht eeben dem motoriséierte Verkéier a gläichzäiteg Foussgänger a Vëlosfuerer kënt.

Wa mer also wëssen, datt mer gläichzäiteg wëllen eng Mobilité douce fërderen an op där anerer Säit hei géifen nei Konflikter schafen, déi net musse sinn, dann ass fir mech ganz kloer, datt mer déi heite Motioun net kënnen matdroen, well si erfëllt d'Zil net a gläichzäiteg schaaft se nei Konflikter, déi net musse sinn. An domadder ass se u sech fir eis net matzedroen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. An da geet d'Wuert un den hono- rabelen Här Carlo Back.

■ **M. Carlo Back** (*déi gréng*).- Jo, merci. All déi Argumenter, déi ech bis elo héieren hunn an deem heite Kontext, sinn äusserst zrëckhalend, wann net negativ, fir dee grüne Pfeil hei anzeféieren. Den Här Minister huet op déi Saach zum Beispill vun Hamburg higewisen, wat schonns länger beschwat gouf. An den Här Clement huet och nach Argumen- ter ugefouert.

Also mir als déi gréng kënnen eis deem nëmmen uschléissen. A mir recommandéieren, déi Motioun hei net ze stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Back. Da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwert dës Motioun kommen.

### Vote sur la motion

De Vott fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëm- men. Mir kommen dann zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf)* ;

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler)* ;

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch* ;

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue* ;

*MM. Sven Clement et Marc Goergen* ;

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## 13. 7895 - Débat d'orientation sur le finan- cement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Deen nächste Punkt um Ordre du jour vun haut ass eng Orientéierungsdebatt iwwert déi grouss Infra- strukturprojete vum Staat. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. A Rapporteuse ass déi hono- rabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

## Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

■ **Mme Chantal Gary** (*déi gréng*), *rapporteuse*.- Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, wéi Dir wësst, geet et bei der järecher Orientéie- rungsdebatt zu de Grands projets, déi mer haut de Mëtte féieren, ëm de Finanzement vun de grouse staatlechen Infrastrukturprojeten, déi d'Regierung am Laf vun den nächste Jore wëllt ëmsetzen.

Fir déi deementspriechend Etüde kënnen ze ver- déiwen an d'Projete kënnen weiderzedreiwen, muss d'Chamber fir d'éischt hiren Accord de principe dozou ginn.

Engersäits kréien d'Deputéiert domat méi Informa- tioun a Matsproocherecht beim Plange vun neien Infrastrukturprojeten, anerersäits geet et awer och drëms, méi Transparenz an de finanzielle Suivi vun all Projet ze bréngen, esou wéi et vun der Budgets- kontrollkommissioun 2005 an 2006 festgehele gi war.

Ënnert dës Prozedur falen zanter dem Joer 2009 sämtlech Projeten, déi viraussiichtlech e Käschte- punkt vun 9 (veuillez lire: vun 10) Milliounen Euro oder méi erreeche wäerten. Doriwwer eraus muss dann awer bekanntlech och nach fir all Projet, deem de Seuil vu 40 Milliounen Euro iwwerschreit, an engem spéidere Stadium e speziell Finanzéie- rungsgesetz ausgeschafft ginn, mat deem sech d'Chamber dann am Detail auserneesetze muss.

D'Mobilitéitskommissioun ass all Joers fir d'Prepara- tioun vun dësem Débat d'orientation zoustänneg souwéi fir eng éischt Analys vun de visiéerte Pro- jeten, an d'Chamberspleniëre, wéi gesot, ass zou- stänneg fir den Accord de principe duerch d'Unhuele vun enger Motioun, an dat am Prinzip ëmmer am Vir- feld zum Vott vum Staatsbudget Enn des Joers.

D'Budgetskontrollkommissioun ass duerno fir de fi- nanzielle Suivi vun de groussen Infrastrukturprojeten zoustänneg. Dat bedeit, datt den zoustännege Mi- nister der Kommissioun all sechs Méint e Rapport iwwert déi finanziell Evolutioun vun all Projet muss presentéieren, deem am Kader vun dëse Grands-pro- jets-Debaten accordéiert ginn ass.

Esou vill schonn emol zur parlamentarescher Pro- zedur, déi elo - just mat lichten Upassungen - zënter 15 Joer esou besteet.

### (M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Här President, haut de Mëtte geet et hei am Debat ëm den Accord de principe fir weider 26 Infrastruk- turprojeten. 16 dovunner leien an der Verantwor- tung vu Bâtiments publics, 7 an där vu Ponts et chaussées an 3 gehéieren an de Beräich vun der Eisebunn, woubäi dës kéier ee vun de Projeten, nämlech d'Ewechhuele vun engem Passage à niveau, souwuel e Volet fir de Fonds des routes ewéi fir de Fonds du rail beinhalt.

An der Kommissioun vun der Mobilitéit an den ëffentleche Bauten hu mer dës Projeten an der Sëtzung vum 7. Oktober 2021 vun den Administra- tioune vu Bâtiments publics a Ponts et chaussées souwéi vun de CFL virgestallt kritt.

Wa mer eis déi Lëscht méi genee ukucken, stelle mer fest, datt de Spektrum vun de Projete wéi ëmmer ganz breet ass. Dat geet vu Moderniséie- rungsaarbechten un enger Zuchstreck an dem klas- sesche Brécken-, Stroossen- a Vëlospistebau iwwer ganz variéiert Strukture fir den ëffentlechen Déngscht, zum Beispill fir d'Police, d'Douane, de Kadaster oder Sites et monuments; oder och vum Ausbau vun de Capacitéite fir Mineuren zu Dräibuer a fir den Accueil vu Flüchtlinge beim Rond-point ler- gäertchen bis zu engem neie Gebai fir den ECG, d'École de Commerce et de Gestion, an dem gene- relle Reamenagement vum Schoulcampus Gees- seknäppchen hei an der Stad.

Et geet awer och ëm den Ënnerhalt vu Strukturen, déi e bëssen an den Alter komm sinn, wéi dem Centre Ulysse oder dem Staatsparking ënnert der Clairefontainesplaz; ëm de weideren Ausbau vu modernen a multimodalen Transportinfrastruku- ren, genee wéi och ëm Projeten zur Verkéiersbe- rouegung um Briddel oder ëm d'Ewechhuele vun engem Zuchiwwergang zu Mutfert.

An zu gudder Lescht geet et ëm d'Ëmgestaltung vun enger wichtiger ëffentlecher Plaz, déi aktuell leider haaptsächlech als Auto- a Busparking ame- nagéiert ass, der Plaz ronderëm d'Gëlle Fra.

Et geet deemno ëm weider Milliouneninvestitiounen an d'Zukunft vun eisem Land, ëm Investitioune fir modern staatlech Servicer an adequat Strukturen zum Wuel vun all den Awunner, inklusiv deene schwächsten, genee wéi och fir d'Frontalieren, d'Vi- siteuren an d'Touristen; Investitioune fir eng besser Mobilitéit duerch méi Multimodalitéit, Verkéiersbe- rouegung, e séchere Verkéiersfloss a geziilten In- vestissementer an d'Vëlospisteninfrastruktur; ge- nee wéi och fir e reduzéierten Energieverbrauch an eng besser Klimabilanz vun de staatleche Gebai- er.

Deemno alles Projeten, déi eng sénnvoll Weiderent- wëcklung vun eisem ëffentlechen Infrastrukturen duerstellen an déi zu engem gudde Fonctionne-





ment vum Staat a vum Land an zur Liewensqualitét vun alle Biergerinnen a Bierger wäerte bäidroen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, genee wéi déi lescht Jore wäert ech lech dës 26 Projekte mëndlech just a gekierzter Form virstellen. Déi weider Detailer konnt Der a mengem schrëftleche Rapport an doriwwer eraus an de Presentatiounsdokumenter vun de Verwaltungen noliesen.

Ech fänken u mat de 16 Projekte vu Bâtiments publics, an der selwechter Reiefolleg, wéi se am schrëftleche Rapport opgefouert sinn.

Déi éischt Projekten (veuillez lire: éischt 8 Projekten) dovunner ginn iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs finanzéiert, 3 weider Projekten iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires, den 12. an den 13. Projet iwwert de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux an déi 3 lescht iwwert de Fonds d'entretien et de rénovation.

Beim éischte Projet geet et ëm d'Renovation vum Gebai, wou d'Administratioun vum Kadaster an der Topografie dran ass, an der Avenue Gaston Diderich an der Stad. Hei soll eng Mise en conformité geschéien, eng Sanéierung vum Gebai souwéi en Assainissement énergétique vun der aler Villa Leclerc an hiren Extensiounen. D'Annexe sollen ewechkommen, déi de Moment och net wierklech zu dësem historiesche Gebai passen, an dat neit administratiivt Gebai soll gebaut ginn. D'Iddi ass, datt de Kadaster komplett regroupéiert vun deem heite Site aus schaffe kann an net méi op verschidde Plaze verdeelt soll sinn.

Den zweete Projet ass zu Réiden. Hei geet et ëm den Terrain, wou de Service technique vun der Gemeng war, vis-à-vis vum Lycée. D'Konstruktioun vun engem neie funktionellen an operationellen Administratiounsgebai soll et erméiglechen, direkt e puer ëffentlech Verwaltungen a Servicer lokal ze regroupéieren, nämlech den SNJ, de Steierbüro, d'Ponts et chaussées, d'regional Schouldirektioun an den Office national de l'enfance. Virun allem wäert et awer och dem Policekommissariat en Dräieroulement erméiglechen, fir datt en effikasse Police-déngscht an dëser Regioun garantéiert ka ginn.

Beim drëtte Projet geet et ëm den aktuelle Centre douanier, deen de Moment zu Gaasperech/Houwald ass. Duerch den Développement vum Site „Mid-field“, mee och weinst de Stroosseninfrastrukturen a well mer hei an der Entwécklung vun engem Quartier urbain sinn, ass et evident, datt d'Gebai vun der Administration des douanes et accises delokaliséiert muss ginn. Allerdéngs muss nach gekuckt ginn, wou deen neie Centre douanier definitiv implantéiert soll ginn.

Beim nächste Projet geet et ëm en neit Policegebai zu Miersch, dat e Regroupement vun de momentan verspreete Policelokalitéiten zu Miersch soll erlaben. Déi aktuell Lokalitéiten entsprechen och net méi den Ufuederungen un e moderne Policeservice a bidden net genuch Capacitéit. Och hei gëtt e Fonctionnement mat dräifachem Roulement viséiert. Op der Mierscher Gare, Rue Agrocenter, sinn zwee Loten disponibel. An hei muss nach gekuckt ginn, wéi ee Lot am beschten adaptéiert ass.

Beim fënnefte Projet komme mer zréck an d'Stad an d'Avenue Emile Reuter, bei de „Royal Arsenal“, do wou de Ministère de la Famille dra war a wuer a priori och de Ministère de la Famille nees zréckkënnt. Den Ament ass d'Gebai also eidel. Et ass vun 1992 an hei musse Renovatiounsarbechte gemaach ginn, eng Mise en conformité souwéi en Assainissement énergétique. En vue sinn 12.800 m<sup>2</sup> fir e Volume vu 40.750 m<sup>3</sup> mat Büroen, Reuniouns-säll, sozialen an technesche Raimlechkeeten, Archive souwéi engem Parking.

Am sechste Projet geet et ëm déi zwee Gebaier, wou soss de Laboratoire national de santé dra war an elo de Service des sites et monuments respektiv den zukünftigen INPA drakomme sollen. Dat eent Gebai staamt aus dem fréien 20. Joerhonnert an dat anert aus den 1950er-Joren. Als kuerz Explikatioun: Mam neie Gesetz iwwert de Patrimoine culturel, wou d'Aarbechten an der Kulturkommissioun bal finaliséiert sinn, wäert an noer Zukunft aus dem Service des sites et monuments den Institut national du patrimoine architectural ginn. Dëst neit Institut soll weider an nei Missioune kréien, wat mat sech bréngt, datt d'Unzuel vum Personal weider wäert an d'Luucht goen an déi aktuell Lokalitéiten de Besoinen net méi entsprechen. Déi zwee Gebaier ginn och renovéiert: Eng Mise en conformité gëtt gemaach souwéi en Assainissement énergétique.

Beim siwente Projet si mer zu Dräibuer. Hei ass d'Unisec implantéiert. Dëse Projet gesäit eng Konstruktioun vun enger weiderer Struktur an der Géigend vun der Unisec vir. Hei handelt et sech ëm eng Projetsännerung. Ufanks sollt de Projet vum Educatiounsministère, deen lech scho presentéiert gouf, hei realiséiert ginn. Mëttlerweil ass dëse Site awer fir de Justizministère virgesinn, fir hei noutwendeg complementaire Infrastrukturen zu der Unisec ze realiséieren.

Den aachte Projet ass nees an der Stad: d'Place de la Constitution, bei der Gëlle Fra also. Hei war e Concours lancéiert ginn, dee leider duerch de Covid e bëssen hannendra gerode war. Mëttlerweil ass en awer ofgeschloss. Prinzipiell geet et drëms, dës flott Plaz méi foussgängergerecht a méi interessant ze gestalten. Bei dëser historiesch wichtiger Plaz, déi en plus nach vum Site hier fantastesch läit an eng onbeschreiblech schéi Panoramavue bitt, ass virgesinn, fort vun der Notzung als Autoparking ze kommen. Mëttlerweil gëtt et do jo schonn en Autos- respektiv e Parkverbuet, wann - ganz aktuell - de Chrëschtmaart zum Beispill ass oder de Baurenhaaf an der Stad oder soss Projekten do stattfannen. Och gëtt driwwer diskutéiert, fir eng Liaison tëscht der Uewerstad an dem Péitrussdall per Lift ze schafen.

Den néngte Projet, an den éischte Projet, deen iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires finanzéiert gëtt, befénnt sech um Campus Geesseknäppchen. Hei soll eng nei Struktur fir eng École européenne agréée hikommen, an zwar fir de Cycle inférieur mat Plaz fir 19 Schoukllassen à 20 Schüler, insgesamt fir 380 Schüler a Schülerinnen also. Dës nei Konstruktioun gëtt am nordëstlechen Deel vum Campus Geesseknäppchen, direkt nieft dem Conservatoire geplangt a soll doduerjer och Synergie mam Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg, zum Beispill fir Solfègekursen, erlaben.

Beim zéngte Projet geet et ëm den ECG, dee sech jo och um Campus Geesseknäppche befënt a wou d'Lokalitéiten net méi dem aktuelle Besoin vum Lycée entsprechen. Den ECG huet nei Missioune an weider Formationne ginn hei offréiert, wéi zum Beispill e Bachelor an der Kontabilitéit a Fiskalitéit. Den Ament huet de Lycée eng Capacitéit vu 508 Schüler a Schülerinnen, mee e brauch an Zukunft genuch Plaz, fir 1.192 Schülerinnen a Schüler plus zousätzlecht Personal ze accueilléieren. Duerfir gesäit dëse Projet vir, dem ECG um Kierchbiereg - um Site vun alen IST - en neit Doheem ze schafen, esou datt den ECG an d'Uni um nämmlechte Site implantéiert wären.

Beim nächste Projet si mer nach eemol um Campus Geesseknäppchen. Dëse komplette Campus erstreckt sech op 25 Hektar, dovunner sinn der 18, déi dem Staat gehéieren. Weinst der enormer Gréisst vum Campus ass de Plan directeur an dräi Phasen opgedeelt. Haut geet et ëm d'Phas 2. Dat ass am Fong d'Partie Est vum Campus. Hei sollen déi verschidden Infrastrukturen, déi sech an deem Deel situéieren, ënnerierdesch wéi och iwwerierdesch renovéiert ginn. Déi zwou Busgaré solle méi un d'Peripherie vum Site geluecht ginn an ëstlech soll en neit Gebai hikommen, wat och d'Haaptentrée vum Campus duerstelle soll.

Mam zwielefte Projet komme mer da bei den éischte vun zwee Projekten, déi iwwert de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux finanzéiert ginn. Deen éischte Projet gesäit eng Structure d'hébergement d'urgence fir Refugiéen, déi zu Lëtzebuerg eng Asyldemande gemaach hunn, op 3,6 Hektar an der Géigend vum Findel beim Rond-point lergäertche vir, mat als Haaptzil, d'SHUK, d'Struktur an der Luxexpo, à terme kënne komplett ze ersetzen. Ënner anerem ass eng Structure durable semi-ouverte mat enger Capacitéit vun 200 Leit geplangt, fir d'SHUK, wéi gesot, ze ersetzen, genee wéi och eng Maison retour semi-ouverte mat enger Capacitéit vun 250 Leit, eng Structure à sécurité renforcée mat enger Capacitéit vu 35 Leit, sechs Klassen-säll, dann nach Structure-commune fir Aktivitéiten, fir Services médicaux a Services psychosociaux, da Salles de jeux a Sportsinfrastruktur souwéi administrativ Servicer.

Beim zweete Projet vun dësem Fong, an dem 13. Projet am Ganzen, geet et ëm eng Structure fermée fir Refugiée mat Besoins spécifiques, deenen hir Asyldemande ofgeleent gouf, déi nieft dem Centre de rétention um Findel implantéiert soll ginn. D'Struktur gesäit vir, alengstoend Fraen ze accueilléieren, Famille mat Kanner, Persounen à mobilité réduite, Mineuren, déi aleng sinn, all aner Mënsche mat engem spezielle Besoin souwéi schwanger Fraen, eeler oder krank Leit.

Beim 14. Projet, an dem éischte vun dräi Projekten, déi iwwert de Fonds d'entretien et de rénovation finanzéiert ginn, geet et ëm de Centre Ulysse zu Bouneweg. Dëst Gebai gëtt vu Caritas accueil et solidarité als Structure d'accueil d'urgence de nuit fir Obdachloser geréiert. Scho säit iwwer 20 Joer hu Persounen sans domicile fixe hei eng Iwwer-nuechtungsméiglechkeet. Allerdéngs huet sech a leschter Zäit ëmmer méi erausgestallt, datt d'Openthalter à court terme erfoginn, mee datt d'Leit sech ëmmer méi laang do installéieren.

Déi national Strategie géint de Sans-abrisme huet sech adaptéiert an d'Konzept „Housing First“ huet sech entwéckelt, fir dem Besoin um Terrain engéintzekommen. Et geet also drëms, fir dëst Gebai ëmzestrukturéieren, y compris ze renovéieren, fir aus dëser Struktur e Logement privatif de longue durée ze maachen. De Programm gesäit ënner anem vir, 10 Duebelzëmmeren, 16 Eenzelzëmmeren, 3 Zëmmerer fir Personnes à mobilité réduite, Openthaltsraim, administrativ Büroen, e Cabinet médical,

en Espace sanitaire an nach weider Raimlechkeeten anzerichten.

De 15. Projet ass méi en technesche Projet. Hei geet et ëm de Parking Clairefontaine an der Stad, deen 1988 gebaut gouf an deemno schonn 33 Joer um Bockel huet. Hei musse virun allem technesch Installatiounen, Sëcherheetsinstallatiounen an deelweis och Renforcementer vun der Statik ënnerholl ginn. Och wäert d'Entrée reamenagéiert ginn an d'Unzuel u Parkplaze fir Elektroautoe wäert drastesch an d'Luucht goen souwéi och u Park- an Opluedméiglechkeete fir de Vëlo. 193 Parkplaze sinn am Ganze geplangt, vun deenen der 60 fir Elektroautoe virgesi sinn an 48 Emplacementer fir de Vëlo.

Beim leschte Projet vu Bâtiments publics geet et ëm de Centre pour le développement des compétences relatives à la vue zu Bartreng. D'Lokalitéite sinn hei net méi un déi aktuell Besoinen adaptéiert, soudatt eng komplett Renovéierung vum Gebai néideg ass. Verschidde Säll a Büroe fir Diagnostic, Conseil a Suivi si virgesi souwéi Raim fir de Service psychologie an d'Reeducatioun, Reuniouns-säll, Büroe fir d'Sekretariat vun der Direktioun, Plaz fir de Service technique, de Service informatique souwéi Konferenzsäll.

Da fueren ech weider mat siwe Projekte vum Fonds des routes. Beim éischte Projet vun de Ponts et Chaussées, de 17. Projet also an der Lëscht, geet et ëm d'Vëlospasserell op der Beetebuerger Gare. Den nationale Vëlospistereseau gëtt komplett ronderëm d'Beetebuerger Gare densifiéiert an d'Gare gëtt un d'PC6 an d'PC8 ugebonnen. An da komme jo och nach d'PC37 an de Vëloexpresswee derbäi.

D'Beetebuerger Gare wäert e wichtegt Dréikräiz fir Cycliste ginn. Am Kader vun Reamenagement vun der Beetebuerger Gare kënnt also mat dësem Projet eng multifunktional Passerell derbäi, fir d'national Vëlospist PC6 geséichert iwwert d'Gleiser ze féieren. Et gëtt e Kofinanzement vum Fonds des routes, wat d'Vëlospisten ubelaangt, d'Gemeng Beetebuerger ass och mat engem klengen Deel bedeelegt an déi gréisst Part kënnt vun de CFL.

Beim 18. Projet an der Lëscht geet et ëm eng multimodal Liaison tëscht dem Kuebebiereg a Laangfur. Et geet drëms, eng performant Accessibilitéit tëscht dësen zukünftge Quartieren ze garantéieren. Dëse multimodale Korridor soll eng aktiv Mobilitéit souwéi e Passage fir den ëffentlechen Transport erméiglechen, voire den Tram mat der zukünfteger Linn K2, an esou dës zukünfteg urban Quartiere mam Kierchbiereg an deem sengen Transportinfrastrukture verbannen.

Als kleng Sidenote kann een hei nach erwänen, datt dës Bréck iwwer eng Natura-2000-Zon geet, hei am Virfeld awer och scho Studie gemaach gi sinn, déi awer mëttlerweil ofgeschloss sinn, an datt dem Bau vun dëser Liaison eigentlech näischt méi am Wee steet.

Da komme mer zum 19. Projet, dem Reamenagement vun der Traversée um Briddel, der Entlaaschtung vun der N12. Dës Traversée ass bekannt fir hiren héijen Trafick, virun allem an de Spëtze-sonnen, an eng sécher a komfortabel Méiglechkeet fir d'Mobilitéit douce ass hei inexistente. D'nämmlecht ass d'Qualité de vie ronderëm dës Strooss staark duerch de motoriséierten Trafick beanträchtegt. Zesumme mat der Gemeng ass gekuckt ginn, fir hei e gemeinsame Projet ze maaachen, soudatt de Säiteraum vun de Stroosse méi foussgängerfrëndlech amenagéiert gëtt an urban méi kohärent. Amenagementer fir Persounen à mobilité réduite si geplangt. Op deene Plazen, wou de Gabarit et hiergëtt, soll eng Bande de stationnement kommen an et solle Beem do geplanzt ginn. Verschidde kommunal Stroosse sollen un d'N12 raccordéiert ginn. Eng Busspuer, déi dem Bus Prioritéit gëtt, ass geplangt. An e Raccordement un d'national Vëlospist PC1 wier och eng Méiglechkeet.

Deen nächste Projet, den 20., ass e gedeelte Projet: e Volet Schinn an e Volet Strooss. De Kader setzt hei den nationale Programm fir d'Ewechhuele vun de Passages à niveau, also de Schinneniwweggä. D'Suppressioun vum Iwwergang Nummer 60 op der N2 zu Mutfert, wou aktuell just eng eenzeg Gleisstreck vu Sandweiler aus a Richtung Éiter geet, wäert mat engem Ouvrage d'art realiséiert ginn. An Zukunft soll dann den Zuch iwwert dës Bréck fueren an den Autostrafick genee wéi d'Foussgänger an d'Vëloen ënnert der Bréck erduerchgefouert ginn. Am Kader vun der Moderniséierung vun dëser Zuchlinn wäert à terme hei en zweet Gleis bäikommen an den Ouvrage d'art muss dat deemno och scho virgesinn.

De Punkt 21 ass eng Suite vum zukünftigen Ausbau vum Tram. Mat der geplangter Ubannung vun der Cloche d'Or an der Arrivée vum séieren Tram aus Richtung Esch ass et sënnvoll, schonn elo méi genee ze analyséieren, awéiwäit d'N4, dat heescht d'Escher Strooss an der Stad, eng méi direkt Verbindung tëscht dem Pôle d'échange Cloche d'Or, dem neien Hollerecher Quartier an dem Pôle d'échange vun der Gare respektiv souguer aner Verbindunge vum Pôle d'échange Hollerech an d'Uewerstad kéint erlaben.

De Projet Nummer 22 betrëfft de Reamenagement vun der Nationalstrooss N13 mat separater Integratioun vun der nationaler Vëlospist PC6 queesch duerch d'Fréisenger Gemeng, vun Helleng iwwer Fréiseng op Uespelt. D'Haaptzil vun dësem Projet, deen a Kooperatioun mat der Fréisenger Gemeng entsteet, ass et, de Verkéier ze berouegen, de Stroosseraum méi sécher an attraktiv fir Vëlofuerer a Foussgänger ze gestalten an och d'Duerfpasagen nei ze amenagéieren. De Staat iwwerhëlt heibäi de Reamenagement vun der Strooss, de Bau vun der Vëlospist, d'Setze vun de Bordüersteng an d'Asphaltéierungsaarbechten. An d'Gemeng ass hirersäits zoustänneg fir de Reamenagement vun den Trottoiren a fir déi betrafte kommunal Infrastrukturen a Leitungen am Buedem.

De leschte Projet vum Fonds des routes betrëfft den Ausbau vun der nationaler Vëlospist PC21 am Éislek tëscht Clierf an Elwen. D'PC21, déi momentan vun Ettelbréck aus iwwer Elwen (veuillez lire: iwwer Feelen), Welschent, Buerschent, Kautebaach, Lellge bis bei de Clierfer Lycée geet, ass e wichtegt Verbindungsstéck am nationale Vëlosresseau. Si soll d'Verbindungen zu de Piste PC7, PC7a, PC15, PC18, PC20, PC21a, PC22, PC25 an och iwwert d'Grenz eraus un d'Belsch Vennbahn garantéieren.

Mam 24. Projet komme mer elo bei déi dräi Projekte vun dësem Joer, déi iwwert de Fonds du rail lafen. A mir kommen och nees zréck op d'Beetebuerger Gare, wou ech jo och schonn de Projet vun der Vëlospasserell iwwert d'Gare erwäant hunn. Bei dësem 24. Projet geet et elo ëm de Bau vun enger Foussgängerpasserell, fir en zousätzlechen Accès op d'Quaie vun der Beetebuerger Gare ze erméiglechen. Domadder kréien och d'Personnes à mobilité réduite schonns direkt e besseren Accès mat Lifter, ouni duerfir op d'Ëmsetzung vum Moderniséierungsprojet vun der ganzer Gare mussen ze waarden.

Dëse Projet war 2018 eng éischte Kéier an den Investitiounsprogramm opgehoff ginn, allerdéngs nach fir e Käschtapunkt ënner 10 Milliounen. Opgrond vu Projetsupassungen, der Ausschreiwung, der Präisdeierecht am Bau an de Virbereedungsarbechten, déi schonns Enn 2020 ugefaangen hunn an och scho bal fäerdeg sinn, gëtt de Käschtapunkt elo op 13 Milliounen Euro geschat. De Projet gouf duerfir der Chamber am Kader vun dësem Debat iwwert d'Grands projets virgeluecht.

Beim 25. Projet geet et ëm d'Sanéierungsarbechten un de Gleiser vun der Zuchstreck Suuffgen-Lëtzebuerg, a méi prezis ëm eng komplett Gleiserneuerung iwwer 3.000 Meter tëscht Bierchem an der Stad. Dozou gehéiert nieft de Gleiser selwer och d'Erneuerung vun der ganzer Plattform inklusiv Drainage, dem Remplacement vun den ale Schlaken duerch nei Natursteng a vun den alen Holzschwellen duerch Bëtonselementer. Hei ginn d'Käschten op ronn 16,5 Milliounen Euro geschat.

De leschte Projet fir haut betrëfft dann nees de Gleisiwwergang Nummer 60 op der N2 zu Mutfert. Mir hu scho beim Punkt 20 gesinn, datt dësen Zuchiwwergang duerch en Ouvrage d'art ersat gëtt, wou den Zuchtrafick soll driwwer gefouert an d'Au-toen, d'Vëloen an d'Foussgänger sollen ënnendrënner erduerchgefouert ginn. D'Käschte fir den Deel vum Fonds du rail goufen an der Kommissioun op 15 Milliounen beziffert.

Souvill zu de 26 Projekte vun der Grands-projets-Lëscht fir d'Sessioun 2021/2022. D'Kommissiounsmemberen hunn an der Sëtzung vum 28. Oktober hiren Aval zum virleiede Rapport ginn a proposéieren och der Plenièr, der Regierung d'Zoustëmmung zu weideren Ausschaffe vun dëse 26 Projekten ze ginn.

An deem Sënn iwwerreechen ech lech, Här President, déi üblech Motioun, mat där d'Chamber hir Zoustëmmung zu dëse Projekte ka ginn. Wannech-gelift.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.-Merci.

#### Motion 1

« Grands projets d'infrastructure réalisés par l'État »

La Chambre des Députés,

vu, d'une part,

- la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructure ;

- vu la volonté du Gouvernement d'assurer la définition, la conception et la mise en œuvre d'une politique intégrée en matière d'aménagement du territoire, de réseaux de transports et de bâtiments publics ;

vu, d'autre part,

- l'avis de la Cour des comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructure du 22 mars 2001 ;

- la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 adoptée suite à la présentation de l'avis précité ;





- les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructure dans le futur, transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre ;

vu la nouvelle procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructure adoptée en date du 3 avril 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes sur proposition de Monsieur le Ministre des Travaux publics et dont les points principaux ont été repris dans une motion « Grands projets d'infrastructure Travaux publics » du 23 octobre 2008 ;

considérant que ladite procédure répond aux préoccupations exprimées dans la motion précitée du 29 janvier 2002 ;

vu la motion du 13 mai 2009 de la Chambre des Députés invitant le Gouvernement à veiller à ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros ;

vu la liste des projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros, à soumettre à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un avant-projet détaillé (APD), présentée lors de la réunion du 7 octobre 2021 de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics ;

considérant que, suite aux informations détaillées fournies par les responsables du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics et de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois, la Commission de la Mobilité et des Travaux publics a avisé favorablement chaque projet de la liste présentée ;

marque son accord à l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause à partir de l'exercice budgétaire 2022 afin de garantir les objectifs suivants :

A. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics administratifs :

• Rénovation du bâtiment de l'Administration du cadastre et de la topographie, Luxembourg-Belair (1)

• Nouveau bâtiment de Police et administratif, Rédange (2)

• Nouveau Centre douanier, P&R Sud (3)

• Nouveau bâtiment de Police, Mersch (4)

• Rénovation du bâtiment Royal Arsenal, Luxembourg (5)

• Réaménagement de l'ancien Laboratoire national de santé pour le Service des sites et monuments nationaux, Luxembourg (6)

• Nouvelle infrastructure de placement pour mineurs, Dreiborn (7)

• Réaménagement de la Place de la Constitution, Luxembourg (8)

B. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics scolaires :

• École européenne agréée au Campus Geesseknäppchen, Luxembourg (9)

• Nouvelle construction pour l'École de Commerce et de Gestion, Luxembourg (10)

• Réaménagement du Campus Geesseknäppchen - Phase 2, Luxembourg (11)

C. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux :

• Structure d'hébergement d'urgence pour DPI, Iergäertchen (12)

• Structure fermée pour personnes déboutées à besoins spécifiques, Findel (13)

D. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'entretien et de rénovation :

• Réaménagement du Centre Ulysse, Luxembourg (14)

• Parking Clairefontaine, Luxembourg (15)

• Rénovation du Centre pour le développement des compétences relatives à la vue, Bertrange (16)

E. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds des routes :

• Passerelle cyclable enjambant la Gare de Bettembourg (17)

• Pont sur le Märtessgronn pour couloir multimodal entre Langfur et Kuebebierg, Luxembourg-Kirchberg (18)

• Réaménagement de la traversée de Bridel (apaisement N12) (19)

• Suppression du passage à niveau PN60, Moutfort (20)

• Réaménagement de la route d'Esch (N4) dans le cadre du prolongement de la ligne de tramway Holle-rich/Stadion, Luxembourg (21)

• Réaménagement de la N13 et de la PC6 entre Hel-lange, Frisange et Aspelt (22)

• Construction de la PC21 Clervaux-Cinqfontaines-Troisvierges (23)

F. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds du rail :

• Gare de Bettembourg : Passerelle piétonne avec accès aux quais (24)

• Ligne Zoufftgen-Luxembourg : Renouvellement de l'assainissement, de la plateforme et de la voie cou-rante entre les P.K. 10,400 et 13,400 (25)

• Ligne Luxembourg-Wasserbillig : suppression du passage à niveau PN60 (26)

(s.) Chantal Gary, Jeff Engelen, Marc Goergen, Cécile Hemmen, Aly Kaes, Claude Lamberty.

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice.**- Dës Motioun ass vu sechs Fraktiounen a politesche Sensibilitéiten heibannen ënnerschrivwe ginn a fuerdert d'Regierung op, déi néideg Planungs-schrëtt ze lancéieren, fir datt déi ernimmt Projekte kënnen ëmgusat ginn.

Ech ginn elo net op den Detail vun dëser Motioun an. Bis op d'Lëscht vun de Projeten ass et déi nämmlecht Motioun, déi all Joer hei ermëkënt.

Ech wëll zum Schluss awer och dervu profitéieren, fir alle bedeelegte Beamten an den Administra-tioun vu Bâtiments publics, vun de Ponts et chaus-sées a vun de CFL e grouse Merci fir d'Prepara-tioun a virun allem d'Presentatioun vun de Projeten an eiser Kommissioun ze soen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, domat schléissen ech mäi Rapport of an ech ginn och direkt den Accord vun der grénger Fraktioun fir d'Motioun. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci och der Madamm Rapportrice.

An den éischte Riedner ass den Här Aly Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

■ **M. Aly Kaes (CSV).**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech emol der honorabeler Madamm Chantal Gary villmools Merci soe fir deen exzellente schrëftleche Rapport an deen engagéierte mëndleche Rapport. Deem ass effektiv direkt näischt bäizefügen.

D'Madamm Gary huet scho gesot, datt sämtlech Fraktiounen dat hei ënnerstëtzen ...

**(Interruption)**

... mat Ausnam vun enger - wollt ech grad soen -, mat Ausnam vun enger ënnerstëtze sämtlech Frak-tiounen dat.

Ech wëll da ganz kloer soen, datt selbstver-ständlech d'Fraktioun vun der CSV dat ënnerstëtzt. An ech wëll och net verpassen, fir der Regierung, jo, ze felicitéiere fir all déi wichteg a gutt Projeten, déi hei virgesi sinn. Et sinn der 26, d'Madamm Gary huet et gesot. Ech wäert elo net nach eng kéier déi 26 Projeten am Detail analyséieren. Ech wëll trotz-deem eng Rei Iwwerleeunge maache respektiv eng Rei Froen zu eenzelne Projekte stellen. Dat sollen awer selbstverständlech konstruktiv Froe sinn.

Fir d'éischt wëll ech emol soen, datt ech am Numm vu menger Fraktioun et extreem wichteg a richtig fannen, datt sougutt zu Miersch wéi zu Réiden eng adequat Police-Infrastruktur realiséiert gëtt, wou et fir d'Police méiglech ass, an deene Regiounen optimal ze schaffen. Ech mengen, dat muss ee ganz kloer soen.

Doriwwer eraus ass et jo och nach esou, datt zu Réide gläich fënnef aner Strukturen, Verwaltungen, en Ënnerdaach kréien, dat heescht, dat gëtt also e Gebai, wou insgesamt sechs verschidde Beräicher dra behandelt ginn.

Ech wëll da ganz kloer soen, datt, wa mer eng nei Infrastruktur an och en neien Terrain siche fir d'Douane, well einfach d'Douane aneren Iwwer-leeunge muss wäichen an do, wann ech dat richtig verstanen hunn, nach keen definitiven aneren Ter-rain do ass, da muss ee sech d'Fro stellen, ob dat net dee gudde Moment wier - och weider am Beräich vun deenen Iddien an deem, wat jo schonn ëmgusat ginn ass, datt verschidde Verwaltungen dezentaliséiert ginn, Här Minister -, fir datt och hei vläicht un eng Dezentralisatioun vun der gesamter Douane géif geduecht ginn, datt zum Beispill am Osten oder am Norden en idealen Terrain fonnt kéint ginn, fir dann déi Verwaltung opzehuelen. Ech wier frou, wann Der e puer Wieder zu esou enger Iwwerleeung kéint hei verléieren.

Da wollt ech ganz kloer soen, datt et eng ganz gutt Saach ass, datt de fréiere Laboratoire national de santé och ëmgebaut gëtt, datt do Sites et monu-ments nei adequat Infrastrukture kréien. Bon, et

sinn eng honnert Aarbechtsplazen oder honnert Plaze virgesinn, déi a sech kënnen an deem neie Gebai beluecht ginn. Ech hoffe just - ech muss dat hei soen, an déi, déi gemengt sinn, déi wëssen dat -, ech hoffen, datt dat fir deen een oder deen aneren, an ech wëll elo hei net déi Verwaltung an net de Service des sites et monuments kritiséieren, mee ech wëll eenzelne Leit soen, datt dat dann hoffent-lech wäert derzou féieren, datt se erëm e bësse méi Motivatioun géifen un den Dag leeën a vläicht eng Rei Saachen domadder méi schnell kéinte viruge-driwwwe ginn.

Dat gesot, wollt ech awer och eppes zu Dräibuer soen. Dräibuer, do ass et jo esou, datt elo eng weider Dependenz realiséiert gëtt. Do war jo eppes virgesinn, dat heescht, fir Infrastrukturen am Kader vum Placement vun der Jugend ze realiséieren, déi ënnert de Ministère de l'Éducation et de la Jeu-nesse falen. Dat ass fale gelooss ginn, an et ass elo e Projet, dee wéi gesot ënnert d'Justiz fält. Och dat ass richtig. Wichteg ass awer, datt een op där anerer Säit net vergësst, datt wirklech an deem Land hei eng ganz Rei Defiziter besti fir Jugendle-cher, déi vu Geriichts weegen aus der Famili eraus-geholl ginn, well ganz einfach déi Familije Pro-blemer duerstellen, wat fir enger Aart och ëmmer. Ech mengen, et geet net drëm, hei am Detail dorop anzegoen, mee mir wësse ganz kloer, datt do Defi-ziter sinn.

Ech weess, vu wat ech do schwätzen. Et gëtt de Moment esou eng Infrastruktur a menger Gemeng realiséiert. An ech weess ganz kloer, datt nach eng ganz Rei esou Infrastrukture missten zousätzlech realiséiert ginn. An duerfir sollen, an dat ass jo virgesinn, Projeten op anere Plazen am Land reali-séiert ginn. Et soll op jidde Fall net vergiess ginn, well et ass ganz, ganz wichteg, datt mer och eppes fir déi Jugendlech maachen, wa mer se gären zurzäit opfänken a se konstruktiv an dat dach kom-plizéiert Liewen entloossen.

Da wollt ech soen: De Centre Ulysse ass natierlech e ganz wichtege Projet. Och déi Leit hunn d'Recht, mënschewierdeg ënnerdaach ze kommen. An och dat kënnen mir als Fraktioun nëmmen ënnerstëtzen. Iwwerhaupt, all déi sozial Projeten, och déi ganz DPI-Saach, déi hei ausféierlech opgefouert ginn ass, op déi ech net nach méi am Detail wëll agoen, och do ass et ganz wichteg, datt mer déi néideg In-frastrukturen hunn, fir datt déi Leit fir déi Zäit, déi se hei an dem Land sinn, och ganz kloer adequat ënnerdaach kommen.

Da wollt ech awer vläicht eppes soen zum Briddel ganz speziell. Ben, Dir gesitt, datt ech net nëmmen Dossiere kucken, déi méi no Norde sinn. Mee et sinn der ganz vill aus dem Norden, déi grad iwwert de Briddel an d'Stad fueren, a fir déi Leit - an ech si jorelaang selwer dohinner gefuer, ech fuere mëttler-weil doduerch, datt eng Autobunn besteet, en anere Wee - ass et wirklech eng Corvée, wann déi dat moies oder zu Spëtzenzäiten, net nëmme moies, mee zu Spëtzenzäiten, müssen iwwer sech ergoe loossen. A wa mer kënnen do eng besser Situatioun schafen, mengen ech, dann ass dat absolutt richtig a wichteg.

Da wollt ech awer och nach eng kéier op de Projet vun der Place de la Constitution kommen. Jo, et ass eng wonnerschéi Plaz, déi et derwäert ass - fir d'Leit aus der Stad, fir den Tourismus, jee, generell fir eis alleguerten -, se esou schéi wéi méiglech ze gestalten. Et ass och esou, datt a sech jo duerfir e Concours ausgeschriwwwe ginn ass. Mee dee Concours war effektiv net fäerdeg, wéi mer an der Kommissioun iwwert déi ganz Projeten diskutéiert hunn, an duerfir gëtt et awer och dozou eng ganz Rei Froen.

Se soll méi un d'Mobilité douce ugebonne ginn. Do ass eng Fro: Wéi gesäit dat aus? Déi zweet Saach ass de Boulevard Franklin Roosevelt: Kënnen duerno nach Autoen do zirkuléieren? Oder gëtt dat eventuell effektiv direkt esou un d'Foussgängerzon ugebonnen, datt do d'Zirkulatioun vun Autoen net méi oder schwierig oder just nach ganz beschränkt méiglech ass?

Da muss ee ganz kloer soen, datt et eng gutt Saach ass, datt do op der Plaz selwer op jidde Fall kee Stationnement méi ass, an datt et och eng gutt Saach ass, datt e Lift realiséiert gëtt, mat deem een erof an de Péitrussdall ka fueren. Weider muss ee ganz kloer soen, datt et ganz wichteg a ganz kloer ass, datt mer a sech fir eng Plaz, déi d'Plaz vum Souvenir ass, dat heescht, déi un déi méi batter Zäiten erënnert, déi Lëtzebuerg matgemaach huet, datt mer fir déi alles sollen drusetzen, fir se wirk-lech beschtméiglech an där Hisiicht ze gestalten. Duerfir wier ech awer frou, wann ech, oder wa mir eng Äntwert géife kréien, wou dee Concours drun ass an ob do d'Leit nach matagebonne ginn, fir vläicht ze kucken - do hunn der jo méi matge-maach -, wien dann do de schéinsten oder de beléiftsten, soe mer mol esou, de beléiftste Projet presentéiert huet. Och do wier ech frou, Här Mi-nister, wann Der kéint dorop äntwerten.

An dee leschte Projet, op deen ech wëll agoen - wéi kéint et awer do anescht sinn? -, ass e Projet aus

dem Norden, ganz uewen aus dem Norden, an do geet et ëm déi Vëlospist tëschent Clief an Èlwen. Also keng Diskussioun, mir si frou, d'Ënnerstëtzung ze ginn duerfir.

**(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)**

Oder mir ginn och déi Ënnerstëtzung zu all de Vëlosweeër, déi nëmme kënnen realiséiert ginn. Ben, et ass vun der Madamm Gary hei gesot ginn, dat geet vun Ettelbréck - an ech fänken elo net nach eng kéier un, se all opzezielen - iwwer Kautebaach bis op Clief, an da vu Clief soll et eeben op Èlwe goen. Wat och, mengen ech, ganz wichteg ass, dat ass, datt et en Uschloss un e ganz flotten Eck an der Belsch gëtt, deen ech relativ gutt kennen, duer-fir kann ech dat och roueg soen: Dat ass déi ganz Venn-Bunn, wat e ganz flotten Eck ass. Alles dat ass ganz gutt.

Schued ass just, datt mer awer e Stéck vun där Vëlospist dann herno laanscht d'Eisebunn hunn, wou a sech deen Terrain reservéiert war, fir eng Zweegleisegkeet vun der Eisebunn ze realiséieren, an datt mer déi Zweegleisegkeet awer doduerch riskéiere wäit zrëckstellen, wa se dann iwwer-haapt nach an der Zukunft méiglech ass. Dat ass awer och schued! Wa mer wëllen an den ëffent-lechen Transport investéieren, da gehéiert ganz ein-fach och eng wäitméiglechst Zweegleisegkeet vun der Nordstreck dozou. An duerfir wier et awer gutt, wa mer nach eng kéier kéinten doriwwer nodenken. Hei ass jo a sech d'Basis, fir iwwerhaupt Projeten ze developpéieren, dat heescht, et ass nach ëmmer net ze spéit, fir driwwer nozedenken, ob mer net de-finitiv en anere Wee fanne wéi laanscht d'Schinne mam Vëlo. Dat wier eng ganz, ganz gutt Saach.

Dat gesot, mengen ech, hunn ech elo laang genuch geschwat. An ech géif da Merci soen, datt Der mer esou laang nogelauschtert hutt, an natierlech den Accord vu menger Fraktioun ginn zu deene 26 entsprechende Projeten. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kaes. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Claude Lamberty (DP).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, trotz sanitärer Kris net bei wichtege Projeten ze spueren, mee weider an d'Zukunft vum Land ze investéieren, dat war der DP hir Astellung vun Ufank un an dëser Pandemie. Och wann d'Kris viles an eisem dagdeegleche Liewen op d'Kopp geheit huet, musse mer eis Efforten, d'Land ze moderniséieren, awer kon-sequent viruféieren. Dat huet virun anerhallwem Joer gegollt, dat gëllt och haut. An ech hunn och d'Gefill, dass dat nach eng ganz Zäitchen esou wäert gëllen.

Déi lescht Méint, déi waren net einfach, net fir d'Leit, net fir d'Betriben, an och op eis Staatsfi-nanzen hat d'Pandemie natierlech en Impakt. Mee trotzdem dierfe mir dowéinst elo net op falsche Plaze spueren, well dat géif op Käschte vun den nächste Generatiounen goen.

Noutwendeg Investitiounen musse weider gemaach ginn. Lëtzebuerg muss weider op d'Erausfuerde-runge vun haut a vu muer preparéiert ginn. Alles anescht wär kontraproduktiv. Wa mer dat nämlech haut net maachen, da verléiere mer déi Zäit muer duebel an dräifach. An da gëtt et eis eng vill, vill méi deier, wéi et eis haut kascht. All Euro, dee mir haut a muer an eis Infrastrukture kënnen stiechen, ass e Stéck Liewensqualitéit méi fir muer a fir iwwermuer. An d'Land steet nach ëmmer viru ganz groussen Erausfuerderungen.

Eng effikass a komfortabel Mobilitéit ass a bleift en Haaptuleies vun de Leit, grad och am Zesum-menhang mam Klimawandel, wou d'Urgence ëmmer weider zouhëlt.

E soziaalt Netz, dat kee fale léisst, egal a wéi eng Situatioun een am Liewe geréit, dat setzt virus, dass de Staat sech och déi néideg Moyene gëtt, fir de Leit ze hëllefen, erëm op d'Been ze kommen. A fir eis als DP ass et immens wichteg, eise Kanner eng qualitativ Ausbildung ze ginn, déi hire Besoinen entsprécht, fir hinnen déi beschtméiglech Zukunfts-chancen ze garantéieren. Dofir brauche mer gutt an och modern ëffentlech Infrastrukturen. Mir brauche Strukturen, déi un d'Besoinen net just vun haut, mee och scho vu muer an iwwermuer ugepasst sinn.

Et gëllt, zukünfteg Tendenzen an Entwécklungen ze anticipéieren. Nëmmen esou kënnen mer sécherstel-len, dass et sech zu Lëtzebuerg och an Zukunft gutt liewe léisst an dass mer och an Zukunft en dyna-mescht, modernt an attraktiivt Land sinn a bleiwen.

Agéieren amplaz ze reagéieren, elo d'Jalone setzen, fir net duerno der Realitéit müssen nozelafen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Lamberty (DP).**- Dës Regierung brauch sech op alle Fall net de Virworf gefalen ze loossen, si géif dat net maachen! Dat gesi mer ëmmer erëm bei dësen Debatten, wou mer all Joer iwwer eng ganz Panoplie vu Projeten diskutéieren, sief dat an





der Mobilitéit, an der Bildung, am soziale Beräich, bei der Police an nach bei villem méi.

Tatsächlech ass net méi spéit wéi haut e weidere Projet um Ordre du jour, wou d'Regierung an de sozialen Tissu, an d'Solidaritéit an an d'Chancëgläicheet investéiert. Ech mengen domat natierlech d'Extensioun vun den Ateliers protégés vun der Fondatioun Kräizbiereg. Dass mer dat zu Lëtzebuerg kënnen maachen, esou an eis Gesellschaft ze investéieren, dat ass net selbstverständlech. Et ass d'Resultat vun enger responsabler Finanzpolitik, an dat schonn iwwer Joren, esou dass et déi Margen och gëtt, fir kënnen dës Investissementer ze maachen. Et ass d'Resultat vun enger Gestiioun, duerch déi mer bis elo - a mir hoffen, et bleift esou - besser wéi vill aner Länner duerch dës Kris komm sinn an déi eis et ermëglecht, eis Politik vun der Moderniséierung weiderzeféieren.

Et ass e politesche Choix, geziilt an d'Zukunft ze investéieren, net mat der Strenz, mee do, wou et néideg ass, fir d'Land fit ze maache fir déi nächst Joren a Joerzénngen.

Här President, d'Mobilitéit ass och 2021 eng vun de gréissten Erausforderungen hei am Land. Den Teletravail ass duerch de Corona mëttlerweil vill méi verbreet wéi virdrun, an dat ass och gutt esou. Als DP wëlle mer dëse Modell an Zukunft weider stärken, zesumme mat enger genereller Dezentraliséierung, déi Wunnen a Schaffen erëm nees méi no beie-nee ka bréngen, Stéchwuert Liewensqualitéit.

Mee dat ass just déi eng Säit vun der Medail. Den Homeoffice ass e wichtegt Stéck vum Puzzle, mee nach laang net d'Allheilmëttel, fir eis Problemer an deem Beräich all ze léisen. Dat ass jo och guer net den Usproch. Mobilitéit ass e Grondbedierfnes an enger moderner Gesellschaft. Esou séier wéi méiglech, esou einfach et geet, a virun allem, esou klimafrëndlech, wéi mer kënnen, vun A op B ze kommen, ass hautdesdaags onverzichtbar fir jiddwer Eenzelen a fir d'Gesellschaft insgesamt.

An do hu mir weiderhin Nohuelbedarf. Mir gesinn dat alleguerten nees all Moien am Beruufsverkéier un de laange Stauen. Mir sinn do längst nees op engem Prepandemieniveau ukomm. E Retard am Beräich vun Infrastrukturen opzehuelen ass alles anescht wéi einfach a scho guer net schnell ëmzesetzen, trotz de ganz, ganz groussen Efforten, déi dës Regierung an de leschte Jore scho gemaach huet. D'Investitiounen an d'Schinn, an déi duuss Mobilitéit, mee och an d'Upassung vun der Stroosseninfrastruktur si konstant héich bliwwen a wäerten et och an Zukunft bleiwen. An dat ass gutt esou!

Huele mer virop déi duuss Mobilitéit. Et ass kee Geheimnis, dass grad hei eng gutt Infrastruktur den A an den O ass, wa mer d'Leit wëlle motivéieren, méi op de Vëlo ze klammen. Op engem getrennte Vëloswee ze fueren ass natierlech eppes ganz anescht wéi am normale Stroosseverkéier tëscht den Autoen. Dat ass e Paradebeispill dofir, wéi ausschlaggeebend d'Infrastruktur ass, fir d'Verhale vun de Leit ze beaflossen. Et gëtt ëmmer nees Leit, déi mengen, mir géife Vëlospiste just fir e puer passionéiert Cycliste bauen. Ech soen lech, et ass genee de Géigendeel. D'Offer schaaft hir eegen Demande! A wa bis genuch flott a sécher Weeër do sinn, da klammen och méi Leit, nach méi Leit, op de Vëlo, vläicht och esouguer déi, déi wierklech bis elo richteg gezéckt hunn.

Um Pabeier hu mer zu Lëtzebuerg e ganz flotten nationale Vëlospisternetz, deem iwwer 1.000 Kilometer queesch duerch d'Land geet. Mee d'Theorie ass dat eent, d'Praxis ganz oft dat anert. A bis déi Vëlospistekilometeren och an der Realitéit ëmgesat sinn, brauch dat natierlech erëm eppes, wou mer ganz ongedëlleg ëmmer heibanne sinn: Zäit!

Ech weess, dass de Ministère do ganz fläisseg dru schaaft an dass och den Här Minister geneesou ongedëlleg ass wéi mir, fir an deem Dossier weider virunzekommen. Déi verschidde Projeten, wéi de Reamenagement vun der N13 en faveur vun der duusser Mobilitéit, d'Konstruktioun vun enger Vëlosbréck zu Beetebuerg oder de Bau vun der PC21 tëscht Clierf an Elwen, kënnen mer an deem Kader hei nëmme begreißen.

Als DP hu mer eis ëmmer fir d'Förderung vun der aktiver Mobilitéit ausgeschwat. An och wann et haut nëmmen ëm eenzel Deeler geet, esou muss een dann awer dee ganze Gesamtkontext betruechten. All Schrëtt an déi richteg Richtung ass wichteg. All Projet, dee realiséiert gëtt, dréit zu engem Mentalitéitswiessel bäi, bei deem net just op den Auto gesat gëtt, mee d'Multimodalitéit am Vierdergrond steet.

Dëse Paradigmewissel, an doriwwer si mer frou, ass generell bei de Projekte vum Staat feststellen. Kucke mer just d'Verkéisberauegung vun der Hauptstrooss um Briddel oder d'Bréck iwwert de Märtessgronn. Hei gëtt vu vieren déi aktiv Mobilitéit konsequent matageplangt an dee ganze Projet an där Hisiicht konzipéiert. Dat kléngt elo fir Verschiddener vläicht ganz banal, mee et ass awer en elementar wichtige Punkt.

Ech wëll dat eng kéier soen: Wa mer wëlle fortkomme vun enger Mobilitéitsplanung vum leschte

Joerhonnert, déi just eleng op den Auto fokusséiert war, a wa mer e wierkleche Paradigmewissel bei de Leit wëllen hikréien, da geet et net duer, heiansdo eppes fir de Vëlo ze maachen, mee da muss dat Ganzt gekuckt ginn. Da brauche mer eng global Approche, déi mer konsequent uwenden, mat enger iwwergeuerdener Strategie, no där mer eist Land lues a lues weider ëmmodelléieren. An et ass jo och dat, wat geschitt.

Beim Projet Briddel geet et awer net eleng ëm de Vëlo. Et geet virun allem drëm, den Trafick op dëser villbefuerener Streck ze berouegen an domadder d'Liewensqualitéit vun de Leit, déi do an der Gemeng wunnen a bei deenen dagan, d'aus Dausende Gefierer virun der Hausdier vu verschiddene laanschtfueren, ze verbessern.

Den Duerchgangsverkéier ass a ganz villen Dierfer am Land eng schwéier Belaaschtung fir d'Nerven, fir d'Liewensqualitéit an och fir d'Gesondheet vun de Leit. Domat zielen ech heibannen elo kengem eppes Neits. Dofir ass et och wichtig, dass déi verschidde Contournemente séier kommen.

Ech huelen elo hei just stellvertriedend d'Beispill - den Här Minister verzeit mer et - vum Contournement Hesper. Den Dossier ass hoffentlech a senger nächster Phas. E kënnt hoffentlech geschwënn. Laang Joren ass vill geschwat, vill geplangt, vill diskutéiert ginn. Et gouf och schonn Entrevuen. Den Här Minister hat fir Enn des Joers weider Informatiounen ugekënnegt. Dee Contournement ass einfach wichteg - an e steet stellvertriedend fir vill aner - fir all déi Leit, déi aus dem südlechen Deel an d'Haaptstad erakommen. Vlächtt kann den Här Minister eis haut do nach déi eng oder aner nei Informatioun mat op de Wee ginn, wéi et mam Contournement Hesper steet.

Här President, ech hunn elo scho vill iwwert d'Mobilitéit geschwat. Ier ech op verschidden aner Projeten aginn, wollt ech kuerz eppes zu der Zuchbarriär, oder zu den Zuchbarriäre soen, déi zum Beispill zu Mutfert oder Waasserbëlleg fortgehoill ginn.

Dir kënnt lech bestëmmt erënneren, wéi et virun e puer Méint, am Juli, zu engem Tëscheefall op de Gleiser zu Bartreng komm ass, bei deem en Zuch en Auto matewechgehoill huet. Et steet ausser Fro, dass dësen Incident hätt kënnen evitéiert ginn! Mee et weist awer och, dass et trotz - trotz! - alle Sécherheetsmesuren, déi et gëtt, ni eng 100%eg Sécherheet gëtt an dass et ëmmer nees zu Accidenter ka kommen. An an dem Kader vun deem Incident war d'Ausso gefall: „Dee beschte Passage à niveau, ma dat ass deen, deen et net gëtt!“ Dat ënnerschreiw mir voll a ganz an dowéinst si mer frou fir all Barriär, déi ewechgehoill gëtt. An nieft dem Sécherheetsaspekt ass et natierlech och eng Saach vun der Zäit, déi een da ka spueren, wann een net virun enger zouener Barriär muss stoen.

E weidere wichtige Beräich, an deen de Staat investéiert, ass den ëffentlechen Déngscht. Wéi all Joer hu mer och hei eng ganz Rei Projeten. Dat geet dës kéier vun neie Policekommissariater zu Réiden a Miersch iwwert den neie Centre douanier bis bei d'Renovéierung vun enger ganzer Partie Gebaier, fir zum Beispill Kadaster, Sites et monuments oder och de Familjeminière.

Lëtzebuerg wiisst, Lëtzebuerg entwéckelt sech, och an der Pandemie. An et ass evident, dass d'Fonction publique mat dëser Entwécklung Schratt hale muss. E gudden Déngscht um Bierger ze garantéiere geet net ouni déi néideg Infrastrukturen. Fir d'Demokratesch Partei ass e performanten ëffentlechen Déngscht eng vun eisen ieweschte Prioritéiten. An dowéinst hätte mer natierlech och gären, dass déi Leit och déi Ressourcen a Moyene kréien, déi se brauchen, fir eng gutt Aarbecht kënnen ze maachen.

Och an der Educatioun stinn dës kéier erëm e puer Projeten op der Lëscht: en neit Gebai fir de Cycle inférieure vun der Europaschoul um Geesseknäppchen, eng nei Konstruktioun fir den ECG an déi zweet Phas vum Reamenagement vum Campus Geesseknäppchen. D'Bildung vun eise Kanner, si op d'Zukunft ze preparéieren, ass eng vun den allerwichtigsten Aufgaben, déi d'Politik huet. Grad fir eis Liberal war eng gutt Ausbildung nach ëmmer en zentraalt Uleies. Et ass schliisslech de Schlëssel schlechthin, fir sech kënnen fräi ze entfalten an am Liewen ze reusséieren.

An der aktueller sanitärer Situatioun ass et fir eis als DP ëmsou méi wichteg, de Kanner eng gutt Ausbildung kënnen ze ginn, d'Schoulen opzehalen a weider an d'Educatioun ze investéieren.

An den nächste Jore sinn net manner wéi 1,3 Milliarden virgesinn am schoulesche Beräich, fir kënnen Projeten ze realiséieren. Derbäi kommen och ronn 40 Projeten, déi aktuell schonn an der Realisatioun sinn. Do gesäit ee ganz gutt: Dës Regierung investéiert an d'Kanner, si investéiert an hir Zukunft an domadder och an d'Zukunft vum Land. Als Demokratesch Partei sti mir do natierlech voll a ganz derhannert. Grad elo ass dat och esou wichteg wéi vlächtt nach ni.

Här President, ier ech ganz zum Schluss kommen, wëll ech awer nach eng kéier kuerz op d'Investitiounen am soziale Beräich ze schwätze kommen. Mir dierfe keen am Ree stoe loossen. Dat huet seng Richtegkeet während der Pandemie, mee och onofhängeg vun der Pandemie.

Als DP wëlle mir e soziaalt Netz, dat esou enk gestréckt ass, dass jidderee gehollef ka kréien, deen dat och wëllt. De Staat muss déi Leit, déi an eng schwiereg oder souguer an eng ganz schwierig Situatioun geroden, opfänken an hinnen hëllefen, nees kënnen op déi eegen zwee Been ze kommen. Dowéinst begreisse mer, dass de Centre Ulysse zu Bouneweg reamenagéiert gëtt an och e ganz neit Konzept kritt. A mir kënnen dee Projet nëmmen ënnerstëtzen.

Här President, ech sinn elo an deene leschten 13 Minuten net op all eenzelne Projet agaangen, mee dat Wichtegst ass, dass d'DP hannert all dëse Projekte steet. D'Coronakris stellt eng grouss Erausforderung fir eist Land duer. Mir sinn an der glécklecher Situatioun, dass mer mat zolitte Staatsfinanzen an dës Kris eragaange sinn an och besser wéi gefaart bis elo derduerchkomm sinn. Dowéinst hu mer d'Capacitéiten, fir weider ze investéieren, fir weider d'Zukunft vum Land ze preparéieren. An et ass genee dat, wat dës Regierung och mécht.

Als DP ënnerstëtze mer dat voll a ganz an dowéinst stëmme mer och d'Motioun mat. Dat gesot, wëll ech net vergiessen, der Rapportrice Chantal Gary e ganz grouse Merci ze soe fir hiren exzellente schrëftlechen an nach bessere mëndleche Rapport. An ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Lamberty. An als nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen agedroen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, Här Minister, de Budget 2022 ass „e Budget vun der Relance“, sou huet mäi Kolleg an och Budgetsrapporter, den Dan Biancalana, de Budgetsprojekt de 17. November an engem Interview op RTL Radio beschriwwen.

Effektiv sinn d'Investitiounen, déi 2022 virgesi sinn, op engem ganz héijen Niveau. Mee wa vun Ausgabe geschwat gëtt, da ginn awer meeschtens ëmmer déi grouss an déi deier Projeten an d'Vitrinn gestallt, wéi zum Beispill den Ausbau vun der Tramstreck, den Nordstad-Lycée oder awer nach de Bau vum Centre pénitentiaire Uerschterhaff an esou weider. Mee an deem Zesummenhang ginn dann awer och gären eng Rei vu méi klengen Ausgabe vergiess, déi awer och hir Wichtegkeet hunn.

D'Rapportrice, d'Madamm Chantal Gary, där ech och op dëser Plaz e grouse Merci soen, huet déi 26 Projeten hei kuerz virgestallt. Ech wäert dann natierlech net op déi Projeten all eenzel ze schwätze kommen, mee ech wäert der awer e puer ervirhiewen, déi mir perséinlech an awer och eis als LSAP wichteg sinn. Dorënner sinn eng Rei Projeten am soziale Beräich souwéi awer och eng Rei Projeten an Initiativen am Beräich vun der Mobilitéit.

Déi nei Struktur zu Dräibuer: Deen éischte vun dëse Projeten ass déi nei Infrastruktur fir Mannerjäreger, déi zu Dräibuer virgesinn ass. Spéitstens säit de Medieberichter aus dësem Fréijoer misst et jo jiddwerengem kloer sinn, dass déi aktuell Unisec ganz einfach net duergeet. Do ass jo aktuell Plaz fir zwielef Jugendlecher. A wéi een aus der Press héieren a liese konnt, ass et awer elo e puermol zu Fäll komm, wou e Mannerjäreger, deen eng schwéier Strofdot begaangen huet an dobäi erwëscht ginn ass, net konnt an der Unisec ënnerbruecht ginn, an dat, well eebe just zwielef Plazen do sinn an dat einfach net duergeet.

Mee et gëtt awer och nach eng aner, eng baulech Ursach. An esou erkläert ee Responsabelen an engem Artikel, deen op wort.lu publizéiert ginn ass, dass een heiansdo verschidden Zelle guer net besetze kann, an dëst, well d'Unisec aus véier sougenannte „Statioune“ mat dräi Zelle besteet a well verschidde Jugendlecher, déi zesummen eng Strofdot begaangen hunn, müssen a bestëmmte Fäll och auserneegehale ginn, respektiv d'Meedercher musse vun de Jonge getrennt ginn. An dofir sinn heiansdo Zelle ganz einfach eidel an natierlech dann och net disponibel.

Dës Situatioun ass engem Land wéi Lëtzebuerg einfach net wierdeg, well wa keng Plaz disponibel ass, stinn déi zoustänneg Autoritéite vun der Justiz virun engem onméigleche Choix: entweder de Jonken op fräiem Fouss loossen oder en awer an den Erwuesseneprisong op Schraasseg bréngen. An ech brauch hei net laang ze erklären, dass weeder déi eng nach déi aner Méiglechkeet eng akzeptabel Léisung duerstellt.

Als LSAP schwätze mir eis kloer dergéint aus, dass Mannerjäreger, och wa se eng Strofdot begaangen hunn, ënner engem Daach mat Erwuessenen agepaart ginn. Mee et ass awer och kloer, dass d'Ge-

sellschaft viru Leit, déi besonnesch gewalttätig sinn, an dorënner sinn och effektiv heiansdo Mannerjäreger, muss beschützt ginn.

Mee et ass awer net just eng Fro vu Schutz vun der Gesellschaft, et muss och d'Méiglechkeet bestoen, fir dass sech adequat mat dëse Mannerjäreger auserneegesat gëtt, well och si müssen eng zweet Chance kréien. An dat geet nëmmen duerch e perséinleche Suivi mat professionellem Personal. An dofir brauch et niewent dem Personal, dat sécherlech keng einfach Aufgab huet, och déi entsprechend Raimlechkeeten. Et ass keng Optioun, déi Persounen einfach falen ze loossen. Dat wier morallesch net vertriebar an zweetens géif et fréier oder spéider op d'Gesellschaft zrëckfalen, déi de Präis dofir misst bezuelen.

Dofir begreisse mir et als LSAP ausdrécklech, dass an dësem Dossier eppes geschitt, a mir ënnerstëtzen och all Initiativ, déi an déi Richtung geet, fir Infrastrukturen ze schafen, déi eng Aarbecht op individueller Basis mat de betraffene Mannerjäreger erméiglechen, an déi d'Viraussetzung ass, fir jonk Leit, déi eng schwéier Strofdot hanneru sech hunn, erëm an d'Gesellschaft kënnen ze integréieren.

De Kolleg Claude Lamberty huet och kuerz vum Centre Ulysse Bouneweg geschwat. Och dat ass e Projet, deen ech hei wollt ervirhiewen, an zwar de Reamenagement vun dësem Centre Ulysse. A virun allem si mir als LSAP frou, dass sech hei net just eppes un de Gebailechkeeten deet, mee dass mat dësen Aarbechten och d'Konzept vum „Housing First“ ëmgesat gëtt. Den Housing First ass jo e wichtige Bestanddeel vun der Stratégie nationale contre le sans-abrisme et l'exclusion liée au logement. Dobäi geet et drëms, Leit, déi op der Strooss liewen, als Éischt emol kënnen en Daach iwwert dem Kapp ze garantéieren, fir och domadder dee wuel gréisste Problem, dee sech fir si stellt, an zwar d'Fro, wou si hir nächst Nuecht kënnen verbréngen, ze léisen. An domadder hu mer och schonn e Wee tracéiert, fir hinnen eng gewësse Stabilitéit ze ginn.

Et ass awer dann an enger zweeter Phas, wou soll probéiert ginn, mat där Persoun zesummen op déi aner Problemer anzegoen, déi sech stellen, wéi zum Beispill de progressive Retour an d'Aarbechtswelt, oder awer, de Fall gesat natierlech, och op hir Addictioun anzewierken. An dat alles natierlech och, fir hoffentlech laangfristeg déi Persoun erëm an d'Gesellschaft ze integréieren.

D'Situatioun um Wunnengsmarché ass elo awer esou, dass et fir Persounen, wa se bis op der Strooss sinn, ëmmer méi schwierig gëtt, erëm eng Wunneng um normale Marché ze fannen, och wa si selwer emol probéieren, fir alles do ze maachen. Dofir sti mir als LSAP och voll a ganz hannert dem Effort, fir och Wunnengen ze schafen, an deene Leit iwwer méi e laangen Zäitraum kënnen wunne bleiwen.

Dozou dann awer och nach vlächtt eng kleng méi allgemeng Remark: Et muss een d'Problematik vum Sans-abrisme natierlech op nationalem an awer och op regionalem Niveau kucken. Stéchwuert: Dezentralisatioun.

Ech si frou, dass am Kader vun de Mesurë géint d'Drogekriminalitéit, déi jo Enn Oktober presentéiert gi sinn, och festgehalen gouf, dass eng Annex vun der Stëmm vun der Strooss soll am Norde vum Land entstoen. Et brauch definitiv méi esou Strukturen, déi am Land verdeelt sinn. A wann ech och frou sinn, dass et dëse Projet fir de Foyer Ulysse elo gëtt, sou wier et awer och wichteg, dass zum Beispill zu Esch Beweegung an d'Spill géif kommen, well do ass de Foyer Abrisud zënter 2007 nach ëmmer an de Container ënnerbruecht, déi am Ufank jo och just als Provisorium geduecht waren.

Structure d'hébergement fir d'DPI lergäertchen: E weidere Projet, deen och a mengen Ae ganz wichteg ass, dat ass dee vun enger neier Struktur fir d'Flüchtlingen. Dës wäert déi sougenannt SHUK, also d'Structure d'hébergement d'urgence um Kierchbiereg ersetzen. Et ass eng Struktur, op déi mir als Lëtzeburger nu wierklech net ganz houfreg kënnen sinn. Dës Struktur, déi jo nuets zou ass, besteet graff resuméiert aus Better an Zelter, déi an Hale vun der Luxexpo opgestallt goufen. Wéi dës Struktur an der Urgence als Noutopnam no der sougenannter Flüchtlingskris vun 2015 opgeriicht ginn ass, war dat jo nach nozevollzéien. Mee haut, sechs Joer méi spéit, ass dat awer vill manner de Fall. Den nationale Flüchtlingsrot hat am Juni 2019 an enger Matdeelung mam Titel « SHUK : Pour que le provisoire ne dure pas ! » och schonns op dës Problematik opmierksam gemaach an huet ënnerstrach, dass d'Liewenskonditiounen fir déi Persounen, déi do ënnerbruecht sinn, alles mee net optimal sinn.

Dobäi geet et natierlech net just ëm de Confort, well et duerf een net vergiessen, dass déi Leit, déi an der SHUK ënnerbruecht sinn, sech an enger emotional ganz schwieriger Situatioun befannen. Dobäi handelt et sech zum Deel ëm Leit, déi aus sougenannte „sécher Länner“ kommen an dofir hei keng Aussicht op eng Asylgeneemegung hunn. Beträff sinn awer och sougenannten „Dubliner“. Dat si Leit, déi schonns eng Asylufro an engem aneren





EU-Land gemaach hunn, ier se iwwerhaupt zu Lëtzebuerg ukomm sinn, a fir déi eis Verwaltung deemno dann net méi zoustänneg ass. Deemno ginn dann dës Persounen nees an dat Land zréck-geschéckt, wou si hir éischt Demande gemaach hunn.

Wéi dës Struktur 2017 der Press offiziell virgestallt ginn ass, war an engem Artikel am „Wort“ ze liesen, dass déi betrafte Leit am Duerchschnëtt 31 Deeg, also ee Mount, an der SHUK wunnen. Ech mengen, do ka jiddweree sech ausmolen, wat dat bedeit, 31 Deeg mussen an engem Zelt an der Luxexpo mat frieme Leit zesummenzeliewen.

Dofir si mir als LSAP frou, dass elo eng Léisung konnt fonnt ginn, fir dës Struktur duerch eng nei ze ersetzen. An och hei musse mir als Solidargemeinschaft derfir suergen, dass dës Leit ënner wierdege Konditiounen hei ënnerbruecht kënnen sinn, och wa kloer ass, dass se herno fort mussen.

Structure fermée pour personnes déboutées à besoins spécifiques: Dat ass och eng lwwerleung, déi eis gefällt. An zwar ass dat hei eng nei zoue Struktur, déi och um Findel virgesinn ass, an aneschtens wéi déi beim lergäertchen, déi ech elo just ugeschwat hunn, ass dat heiten awer eng komplett zoue Struktur. Si ass fir Persoune virgesinn, deenen hir Asyldemande vu Lëtzebuerg ofgeleent ginn ass an déi erëm an hiert Ursprongsland zréck mussen, wou awer e Risiko besteet, dass se deem net nokomme wäerten.

Et gëtt jo och schonns esou eng Struktur um Findel. Mee wann elo eng zweet gebaut gëtt, da fir d'Méiglechkeet ze bidden, dass Persounen, déi méi vulnerabel sinn, wéi zum Beispill Famillje mat Kanner, wéi Mannerjäreger oder awer och Fraen, déi eleng ënnerwee sinn, do kënnen en Ënnerdaach fannen. Dat ass sécher guer keng einfach Situatioun, wann ee Leit muss zréckschécken, déi ëm Hëllef froen. Mee et gëtt nun emol en nationaalt an och en internationaalt Recht, un dat ee sech muss halen. An dofir ass et wichteg, dass dann op d'mannst d'Gebailchekeeten do sinn, dass se duerch déi schwiereg Lag, an där se sech befannen, net nach riskéieren, an nach méi e schleëme Prozess eranzegeroden an dass se an där vulnerabler Situatioun, an där se sinn, net och nach riskéieren, op Persounen ze treffen, déi se ausnotzen.

Da wollt ech op vläicht méi lëschteng a méi schéi Projeten ze schwätze kommen, zum Beispill déi vum Reamenagement vun der Place de la Constitution, also der sougenannter Plaz ronderëm d'Gëlle Fra. Wuel sinn do d'Pläng vun der Ëmgestaltung nach net ganz bekannt, mee et freet mech awer, dass d'Philosophie, déi derhannert stécht, ganz flott ass, nämlech déi, dass aus der aktueller Park-plaz soll eng Plaz ginn, déi fir Foussgänger a fir d'Mobilité douce reservéiert gëtt. Well et muss ee jo soen, dass et awer traureg ass, dass eng vun eise schéinsten Aussichtsplazen aus der Stad mat Bléck op de Pont Adolphe an dat historescht Spuerkeessgebai just als Parkplaz sollt benotzt ginn.

Shared-Spacë wéi zu Bartreng oder och zu Diddeleeng weisen, dass et och ganz aneschtens geet an dass den Auto net zwangseefeg ëmmer muss am Zentrum stoen. An esou kréien d'Awunner an och d'Visiteure souzesoen hir Plaz zréck hei an der Stad a virun allem wäert dat och dem Monument du souvenir, eiser Gëllener Fra, endlech e méi würdege Kader ginn, wéi mussen iwwer Stoussstaangen an Auspuffréier ze trounen.

■ **Une voix.** - Ganz richtig!

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).** - E weidere Projet, deem ech uschwätze wollt, ass d'Integratioun vun der Vëlospist, der PC6, op der Dräikantonsstrooss tëschent Helling an Uespelt. Och dat ass e gudder Projet, deem d'Mobilité douce wäert férdere. Dovunner ass de Mëtten och scho geschwat ginn. Mee do wéilt ech awer ënnersträichen, dass et wierklech néideg ass, dass dës Vëlospist och esou ugeluecht gëtt, dass se méiglechst getrennt a gutt geschützt vun der Fuebunn op der Strooss ass, an dëst virun allem um Deel vun der Strooss, deem iwwert d'Land geet, well et sech do ëm eng laang a relativ riicht Streck handelt, op där d'Vitesslimitatiounen wuel net ëmmer agehalen ginn.

Mee onofhängeg vun der erlaabter Vitess muss d'Vëlospist ëmmer an iwwerall och e gewëssent Sécherheetsgefill ausstralen, wa mer wëllen, dass duerno vu méiglechst ville Leit dës Vëlospist och genotzt gëtt. Vill Vëlofuereger soen engem jo, dass et net duergeet, just gestréchtelt Linnen um Bord vun der Strooss ze molen. Dofir brauch ee schonn e bësselche méi. An ech denken, dass dat op d'mannst op deene Passagen iwwert d'Land an dësem Fall och misst machbar sinn.

Da wollt ech och vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir de Minister eventuell drop unzuschwätzen, ob et net méiglech wier oder ugeduecht wier, fir och vu Fréiseng a Richtung Haaptstad eng sécher, dat heescht eng ofgetrennte Vëloverbinding hierstellen. Ech weess, dass et do och e kleng Bierg gëtt, mee dat kéint een awer als flott Alternativ ugesi fir Leit, déi zum Beispill mat engem E-Bike ënnerwee sinn.

An dann a Richtung Norde wollt ech och nach de Projet vun der Vëlospist tëscht Clierf an Ëlwen uschwätzen. Sécherlech och e ganz flotte Projet, mee deen huet awer fir eis e kleng Bäigeschmaach, dëst well d'Pist zum Deel wäert laanscht déi besteënd Zuchstreck féieren. Un der Vëlospist ass u sech jo guer näischt aussetzen, tout au contraire: Et ass ganz gutt, dass se gebaut gëtt. Si steet jo och schonns länger an der Diskussioun. Mee ech erënneren drun, dass mir als LSAP ëmmer fir en Ausbau vun der Nordstreck plädéiert hunn an am léifsten en zweegleisegen Ausbau vun der Streck hätten, zumindest do, wou et méiglech ass.

An an enger Äntwert op eng Question parlementaire vu mengem Kolleg, dem Yves Cruchten, huet den Här Mobilitétsminister am Mäerz 2021 geäntwert, dass de Bau vun der Vëlospist PC21 eng eventuell zukünfteg Verdueblung vun de Gleiser net a Fro stellt, mee dass een d'Pist, de Fall gesat, d'Zuchstreck géif ausgebaut ginn, dann och ëmleede kéint. An dat berouegt eis natierlech, well och, wann et aktuell net op der Dagesuerdnung ass, wäerte mir eis weiderhi fir en Ausbau vum Schinnee-reseau am Norde vum Land staarkmaachen.

Dat gesot, kënnen mir awer selbstverständlech mat dem Projet vun der Vëlospist liewen, déi den Norde wäert am Sënn vun der Mobilité douce matenee verbannen.

Zum Schluss wollt ech dann nach eemol ënnersträichen, dass mir als LSAP der Meenung sinn, dass all dës Projete gutt Projete sinn, an dass mir déi och dowéinst ënnerstëtzen. An dobäi sinn ech nach net op déi Projeten agang, déi fir d'Schoule virgesi sinn, notament déi um Campus Geeseknäppchen, déi och schonn hei vu mengem Virriedner ugeschwat gi sinn.

Zefridde si mir och, dass vill vun dëse Projeten, wéi de Foyer Ulysse zum Beispill, eng kloer sozial Ausrichtung hunn. An dat weist, dass de roude soziale Fueдем an dëser Koalitioun ass.

Mee och d'Investitiounen an d'Mobilité douce weisen, dass et an déi richteg Richtung geet, dass d'Zeeche vun der Zäit erkannt goufen. Deemno sinn ech frou, d'Ënnerstëtzung vun der LSAP fir all dës Projete kënnen ze ginn, andeems mer d'Motioun selbstverständlech och matdroen.

An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hemmen. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir unzefänken der Madamm Rapportrice, der Madamm Chantal Gary, en härezeche Merci fir hiren ausféierleche schréftlechen a mündleche Rapport, deem eis e gudden Iwwerbléck vermëttelt huet iwwert dat, wat hei u groussen Infrastrukturprojeten usteet.

Als ADR wäerte mir dës Projete selbstverständlech matstëmmen. Et kann een allerdéngs och soen: Mir hu keen anere Choix, wéi se matzestëmmen. Et kann een déi Projete vun haut nämlech onméiglech beschwätzen, wann een net och eng Debatt iwwert de Wuesstum hei matintegréiert. Dat eent kann ee vun deem aneren net lasskoppelen. Dat war scho viru Joren déi fest Iwwerzeegung vu mengem Kolleg, dem Gast Gibéryen, an et ass och haut nach ons Iwwerzeegung. Iwwert déi eenzel Projeten ass scho vill Sënnvolles gesot ginn a mir droen, wéi gesot, dës Projete mat.

Erlaabt mer awer, e puer méi grondsätzlech Iwwerleungen ze formuléieren, wat d'Investitiounen an eis Infrastrukturen ueget.

Eist Land huet an de leschte Joren e Rekordwuesstum erlieft, virun allem demografesch. Wann ee bedenkt, dass an de leschte Joren am Schnëtt all Joer zu Lëtzebuerg esou vill Leit bäikommen si wéi zweemol d'Gemeng Dikrech, da muss een net laang no Grënn sichen, firwat mer eis Infrastrukture permanent mussen upassen. All déi opgelëschte Projete sinn duerfir sënnvoll an noutwendeg. Et muss een awer och kloer am Bléck behalen, dass vill vun eisen Infrastrukturen haut schonn iwwerbelascht sinn. Mir gesinn dat permanent un de Leit, déi hei wunnen a schaffen. Et erlieft een et all Dag: Stauen, déi sech onënnerbrach vun eise Grenze bis an d'Ballungszentren - virun allem an d'Stad - zéien, sinn all Dag eng Realitéit. Et ass keng Seelenheet, dass d'Leit all Dag bis zwou, dräi Stonnen am Verkéierschaos verléieren. D'Liewensqualitéit bleift op der Streck!

Et bleift duerch de Rekordwuesstum awer net nëmmen d'Liewensqualitéit vun de Leit op der Streck, mee och d'Auswirkungen op eis ekonomesch a finanziell Situatioun zu Lëtzebuerg sinn deelweis bedenklech. Mir hunn als Land keng aner Méiglechkeet, wéi eis Infrastrukturen duerch milliounen, an an der Gesamtzomm souguer milliardeschwéier Projeten auszebauen an unzepassen. Dëst ass a priori näischt Aussergewöhnlech, well all Land dat maache muss.

Speziell zu Lëtzebuerg stellt sech awer d'Fro: Packe mer dës Investitiounen op laang Dauer oder lafe mer just den Entwécklungen hannendrun, ouni se kënnen anzefänken? Et ass eng Realitéit, dass vill Projeten, wa se fäerdeg sinn, schonn net méi den Entwécklung vum der Géigewaart ugepasst sinn. Eist Land wüsst demografesch esou séier, dass mer schonn den Ufuhrer der vum der Géigewaart net nokommen.

Als Norddeputéierten denken ech hei zum Beispill un eis Nordstrooss. Dee vun der Regierung geplangten Ausbau géif och d'Verkéierssituatioun vun haut net léisen. Wéi soll dat dann eréischt an der Zukunft sinn, wann nach all Dag méi Verkéier bei eis erakënt?

Den Här Jean-Claude Juncker hat an den 80er-Joren eng Ausso gemaach, déi all Joer méi un Aktualitéit gewënnt. Hie sot schonn deemools, dass de stramme Wuesstum net genuch Recetten an d'Staatskeess bréngt, fir iwwerhaupt d'Nofollgekäschte vum Wuesstum ze finanzéieren. All Infrastrukturen, déi de Mënsch a sengem Liewe brauch, ugefaange bei der Maternité an opgehele bei der Morgue, mussen matwuessen. Mir sinn also gezwongen, ëmmer méi séier an ëmmer méi ze investéieren, ouni dass d'Friichte vum Wuesstum dës Investitiounen zefriddestellend ausgläiche kënnen. Et kann duerfir net sinn, dass d'Regierung weider op Rekordwuesstum setzt, quasi als eenzeg Patentléisung fir all eis Problemer.

Wa mer de Pensioonsystem, esou wéi en elo fonctionéiert, erhalen wëllen a wëssen, dass mer all Joer fir all Pensionär zwee an en hallwen Aktiver brauchen, bräichte mer an noer Zukunft scho wäit iwwer eng Millioun Aktiver. An da missten der all Joer 30.000 an nach méi derbäikommen.

Ech denken, et ass kloer, dass mir dat, grad wat eis Infrastrukturen ueget, net packen, et sief dann, mir wëllen eist Land änlech wéi Tokio mat Héichhauser zoubauen. Mee och da kréie mer eng Rei Quittungen. Och dat soll gesot sinn!

D'Wuesstumsdebatt ass keng einfach Debatt. D'ADR hat zwar besonnesch bei de leschte Walen eng ganz Rei vu Pisten opgezielt, wéi een de Wuesstum besser kontrolléiere kann, et bleift awer onëmgängelech, dass d'Leit zesumme mat der Politik iwwerhaupt emol mussen bereet sinn, iwwert dës Problem ze diskutéieren. Eis Regierung klammert dës Problematik ëmmer méi aus.

Dëst waren also elo e puer grondsätzlech Gedanken zu der Entwécklung vun eise Land. Et fällt do an dësem Projet, dee mer haut beschwätzen, op, dass den Norde relativ weëneg ernimmt gëtt. Esou wéi mir dat als ADR ëmmer gemaach hunn, appelléiere mer och an dësem Kontext un d'Regierung, d'Dezentraliséierung eescht ze huelen an den Norden an den Oste vum Land net ze vergiessen.

An de leschte Joren ass awer dacks de Contraire geschitt, Servicer ginn ofgebaut oder zentraliséiert: Konnt ee soss - fir dat Beispill ze huelen - op Clierf an den Enregistrement goen, mussen haut d'Leit, déi am Enregistrement schaffen, wéi och hir Klienten elo all Dag op Dikrech jauen.

Wa mer awer wëllen déi méi kleng Stied wéi Clierf, Housen, Wolz oder Ëlwe lieweg an attraktiv behalen, därefer mer net op de Wee goen, fir Servicer weiderhi monter ofzebauen. Dëst ass ëmsou méi schlëmm, wann ee bedenkt, dass vill vun deene Servicer ganz oder zum groussen Deel a staatlecher Hand sinn. Hei soll de Staat senger Verpflichtung nokommen a Liewensqualitéit och fir de ländleche Raum héichhalen.

Besonnesch begrëisse mer och bei dëse Projeten den Ausbau vum Vëlosweg Clierf-Pafemillen-Ëlwen. Als President vum Wëntger Tourismussyndikat weess ech, wéi wichteg et ass, dass den Norden an eist Land iwwerhaupt als Touristen- a Fräizäitregioun gefërdert solle ginn.

Besonnesch an deem Kontext mussen mer awer och de Rekordwuesstum kritesch gesinn. Wa mer eeben net Tokio wëlle ginn, mee eng Regioun, wou och de ländleche Charme nach seng Plaz huet, ass et elo un der Zäit, d'Wuesstumsdebatt unzegoen, ier et ze spéit ass a mer eis an engem Hamsterrad bewegen, wat eis zu ëmmer méi Wuesstum zwéngt.

Mir sinn eis, denken ech, heibannen all eens, a wat fir engem schéine Land dass mer liewen. Kommt, mer suergen derfir, dass et och an Zukunft schéin a liewenswäert bleift fir all d'Bierger hei am Land a fir eis Gäscht.

An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engelen. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Merci, Här President. Här President, ech wëll fir d'éischt emol e puer Wieder zu den zwee Projeten am Immigrationsberäich soen, déi eis hei virgestallt goufen, nämlech déi nei Structure d'urgence fir Mënschen op der Flucht um lergäertchen an deem zweete Centre de retention um Findel.

Et ass evident, dass mir nei Strukture brauchen. Déi provisoersch Structure d'urgence an der eeëmoleger Luxexpo um Kierchbierg ass eng Zoomuddung - an dat gouf och hei scho gesot -, déi eise Land net würdeg ass. Hei gi jo virun allem Mënschen ënnerbruecht, fir déi laut den EU-Reegelen en aner Memberland zoustänneg soll sinn. Fir déi Leit soll also elo um lergäertchen eng Structure semi-fermée gebaut ginn.

Ech wëll elo hei net ze vill dorobber agoen, well dat eng Fro vun der Asyl- an Immigrationspolitik ass. Mee fir eis ass déi ënnerschiddlech Behandlung vun de sougenannten „Dubliner“ an aneren DPI problematesch. Et gouf jo och schonn erkläert, wat Dubliner sinn. Hei gëtt op zimmlech expeditiv Manéier en Ënnerscheid gemaach tëschent gudden a schlechten Demandeurs d'asyle mat ganz ënnerschiddlecher Behandlung.

Donieft soll en zweete Retentionszentrum gebaut ginn, wou Fraen a Kanner virun hirer Expulsioun agespaart ginn. Mir sinn eis bewusst, dass dat wäert e Fortschritt bedeuten zur aktueller Situatioun, wou Fraen a Kanner an de selwechte Centre de rétention komme wéi d'Männer. Mee Dir kennt eis Positioun dozou, déi iwwregens déi selwecht ass wéi déi vu sämtlechen UN-Organisatiounen an deem Beräich: Kanner aspären op Basis vum Immigrationsstatus vun den Elteren ass fir eis ganz einfach inakzeptabel, och wann et nëmme fir eng Woch ass. Agespaart ass agespaart, an dat bedeit traumatesch Sequellë bei de Kanner. D'Kanner kënnen iwwregens näischt fir hir Elteren. A fir eis ass eng Immigratioun keng Strofdot!

Ech erënneren dorunner, dass mir dozou jo och eng Proposition de loi deposéiert hu mat Alternativen. Bei dësen zwee Infrastrukturprojete gëtt et dofir an eisen Aen nach ganz vill Gespréichs- a Klärungsbedarf.

Här President, den zweete Projet, op deem ech wëll agoen, ass d'Gestaltung vum ëffentleche Raum ronderëm d'Gëlle Fra. Dass dës schéi Plaz soll nei gestalt ginn, ass eng ganz gutt Saach a mir hunn dat och ëmmer ënnerstëtzt. Mee et ass awer ee Punkt an der Beschreiwung vum Projet, deem eis licht stutzeg gemaach huet, an zwar: „relier la place à l'hyper-centre“.

Wéi Der wësst, leeft tëschent der Gëlle Fra an dem Zentrum de Boulevard Roosevelt duerch mat dräi Spueren, déi op si fir den Individualverkéier. Wéi 2019 de Reamenagement vum Boulevard Roosevelt diskutéiert gouf, hate mir als déi Lénk e Konzept proposéiert, fir deen Deel tëschent dem Helleg Geesch an dem Boulevard Royal fir de motoriséierten Individualverkéier ze spären. Et hätt een do kënnen eng Zort Shared Space maachen, wou just nach Busser fueren a wou dee ganze Beräich quasi an eng Promenade verwandelt gëtt, souwuel fir d'Awunner wéi awer och fir d'Touristen. Dat wär eng modern urbanistesche Politik gewiescht.

Decidéiert gouf awer eppes anescht, nämlech d'Bäibehale vun deenen dräi Autosspuere mat just enger besserer Vëlospist, déi allerdéngs nach ëmmer op sech waarde léisst. An dofir si mir mol ganz gespannt drop, wéi dann elo d'Plaz effektiv fir d'Foussgänger mam Zentrum soll verbonne ginn. Ech mengen, et ass keng Gemeng am Land, déi jee-mools bereit huet, am Zentrum vun enger Uertschaft eng verkéiersberouegt Zon ageriicht ze hunn. Heiansdo muss een och emol de Courage hunn, fir um Terrain Fakten ze schafen!

An deem Kontext nach zwee Wieder zu de Vëlospisten: Innerhalb vun den Uertschaften ass d'Uleeë vu Vëlospiste jo, wéi mer wëssen, gréisstendeels eng Gemeengekompetenz, mee et stellt sech awer d'Fro, ob een dat net emol misst mat engem nationale Gesetz encadréieren. Do kann den Här Minister eis jo vläicht eppes dozou soen.

Fir eis ass eppes kloer: E Stréch op der Strooss ass keng Vëlospist! Eiser Meenung no misst et och kloer Virgabe vum Staat ginn, wéi eng Vëlospist auszegesinn huet a wéi net. Dass géif souwuel der Sécherheet déngen wéi och d'Mobilité douce promouvieren a weiderbréngen.

An dat Zweet, wat ech dozou wëll soen, ass, dass mir d'Uleeë vu Vëlospisten tëschent den Uertschaften endlech emol mussen seriö ugoen! Déi méi touristesch Vëlosweg, wéi déi geplangt Streck vu Clierf op Ëlwen, fanne mir immens gutt a mir ënnerstëtzen dat. Mee de Vëlo ass net nëmmen eng Fräizäitbeschäftegung. E muss och alldagstauglech sinn! Wa mer separat Vëlospiste laanscht d'Landstroossen hätten, wéi dat vill an Holland de Fall ass, da kéint een och emol mam Vëlo an d'Nopeschduerf fueren, fir seng Baguette anzekafen, an et kéint een den SUV doheimloossen an da wieren och manner Stauen an da bräicht et och manner Contournementen.

Här President, de leschte Volet, deem ech wëll uschwätzen, betrëfft den Tram. Am Rapport geet jo rieds vun Etüden, déi solle gemaach ginn, fir den Tram vun der Cloche d'Or iwwert d'Escher Strooss op Hollerech ze kréien. Ech muss soen, dass ech bei all deene projetéierten Trassen net méi richtig no-



kommen. Bei fréiere Projektione sollt den Tram nach hannen iwwer Zéisseng erof op de Bouillon goen an dann déi aner Sait erm erop bei den CHL. Elo geet rieds vun enger Trass iwwert d'Escher Strooss, fir méi schnell op d'Gare ze kommen an eventuell an den Zentrum, an dat iwwer e Pôle d'échange zu Hollerech - woubäi ech mir dann awer wierklech d'Fro stellen, firwat een dann de Südtram net direkt vun Esch op de Pôle d'échange zu Holle-rech féiere kéint.

Mee vläicht kréie mer jo do och eng Äntwert, well mir sinn net an der Mobilitéitskommissioun an et gëtt och bestëmmt Grënn, déi zu deene Planungen do gefouert hunn. Vlächtkéint den Här Minister eis duerno erklären, wat d'Iwwerleeungen eebe sinn.

Mir hunn och mat zimmlechem Erstaunen d'lescht Woch déi Erklärung vun engem héije Beamten am „Tageblatt“ gelies, datt den Tram just gutt ass fir déi urban Mobilitéit innerhalb vun der Stad an zu Esch an datt déi Verbindung tëschent deenen zwee urbane Raim eng Ausnam soll bleiwen. Also wa mer elo just nach Tramsstrecken innerhalb vun der Stad bauen an all déi aner Géigende ronderëm just nach solle mam Bus ofdecken, do froe mir eis awer wierklech, wéi mer d'Mobilitéitsproblemer ausserhalb vun der Stad iergendwa wëllen an de Grëff kréien!

Et ass jo schéin a gutt, wa mer innerhalb vun der Stad e funktionéierenden effentlechen Transport hunn, mee dat ass an eisen Ae keng iwwerzeegend Léisung, fir den aldeegleche Chaos op den Autobunnen an den Zoufaartsstroossen iergendwa kënnen ze léisen.

Wa mer wëllen eis Ziler am Mobilitéits- an Ëmweltberäich errechen, musse mer de Mënschen eng Alternativ bidden, déi besser ass wéi den Auto, net nëmmen innerhalb vun der Stad, mee och op nationalem Niveau! A fir eis ass de Schlëssel vun enger moderner nohalteger Mobilitéitspolitik d'Schinn, sief et Eisebunn, S-Bunn oder Tram. Am Ausland fanne mer genuch Beispiller, déi immens gutt funktionéieren.

Ganz zum Schluss dann nach kuerz e Wuert zur Elektromobilitéit: Also mir fannen et immens luewenswäert, datt beim Ëmbau vun engem net effentleche Parking ënnert der Clairefontaine-Plaz vun deenen 193 Plazen der 60 solle fir d'Elektroautoen ausgerüst ginn. Dat wären 31 % vun de Plazen, déi fir d'Elektroautoen adaptéiert wären, wat jo scho bal un de Prozentsaz vu 40 % erukënn, dee mer fir 2030 am Fuerpark viséieren. Obwuel ee jo awer kéint mengen, datt een, wann de Staat säin eegene Fuerpark ëmännert, jo nach vlächtkéint méi wäit goen an datt dann déi Plazen do d'office scho vlächtkguer net méi duerginn.

De Problem ass, datt et sech och bei dësem Projet bis elo ëm en Einzelfall handelt. Leider! Bei allen anere Parkingen am Land gëtt et just ganz vereenzelt e puer Bornen. Um Glacis zum Beispill ginn et bei 1.000 Parkplaze grad emol 32 Steckeren. Wann d'Regierung also wëll de Fuerpark op Elektro ëmstelle fir d'Bierger, da musse mer och dofir nei, néideg Ramebedéngunge setzen, an net nëmme mat Subventiounen fir Leit, déi eng Garage hunn, mee och fir déi Leit, déi eebe keng Garage hunn an hiren Auto mussen am Espace public parken. Ech mengen, do wier nach e bëssen Nohuelbedarf.

Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Madamm Cecchetti. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*).**- Merci, Här President. Et gehéiert zur gudder Traditioun, dass mer all Joer déi grouss Infrastrukturprojeten ënnert d'Lupp huelen, an déi de Staat wäert vill Milliounen Euro investéieren. Wéi all Joer wäert ech a menge kuerzen zéng Minuten net op all eenzelne Projet agoen, mee mer eenzelner eraussichen.

Ugefaange mat den neie Policebüroen zu Réiden an zu Miersch, déi mir begrëissen. Mir si ganz averstannen, dass d'Poliziste méi Presenz op der Strooss musse weisen. Si musse gutt Bürosgebaier kréien, fir hirer Aarbecht effikass nozegoen. Mee fir eis ass awer och gradesou wichteg, dass och an den Uertschaften e Kommissariat ze fannen ass, op dat d'Bierger - jo, och ze Fouss, ouni Auto - sech deplacéiere kënnen.

Während an anere Géigende Policebüroen opmaachen, goufen an de leschte Jore Kommissariat-er leider zougemaach an op aner Plaze verluecht. Ech huelen d'Beispill vu Käerjeng, wou d'Kommissariat mat deem vu Péiteng zesummege-luecht ginn ass. Dat ass an eisen Aen net dee richtege Wee, virun allem net a gréissere Gemengen a virun allem net, wann ee weess, dass e Projet um Dësch läit zu Lénger, fir e ganz neit Policekommissariat ze bauen, wat genau an der Mëtt wär tëschent Käerjeng a Péiteng, deen awer elo schonn zënter véier Joer am Tirang läit a vu Regierungssäit net wierklech weiderkënn. Wat wierklech schued ass, well och am Süde bräichte mer déi nei Policekommissariater, grad do am Dräillännereck!

E ganz wichtegen Dossier fir eis ass och de Jugend- a Kannerschutz: d'Erweiterung vun der Unisec zu Dräibuer. Et ass wichteg a richtig, an dëse Projet weider ze investéieren, well et ka jo awer net sinn, dass Jugendlecher mat erwuessene Verurteilte mussen zesummen ënnerbruecht ginn, well de Staat et net fäerdegbruecht huet, genuch In-frastrukturen ze schafen!

Ganz positiv hu mer fonnt, dass op der Gare Beete-buerg - an ech hat dat an der Kommissioun och ugeschwat - eng nei Passerell kënn, virun allem, fir dass Leit, déi eng Behënnerung hunn, vill méi einfach kënnen op den Zuch goen. Do hat ech de Minister och extra drop ugeschwat, well souwuel de Minister wéi och ech haten den Test gemaach mam OGB-L, fir mat engem Rollstull ze fueren, an do si ganz vill Problemer opgetaucht. Dofir hat ech de Minister och gefrot, dass déi Distanzen, déi elo zu Beetebuerg wäerten ugewannt ginn, net ze grouss sollte sinn. An do war d'Äntwert ganz zefriddestel-lend: dass also op déi Distanze géif opgepasst ginn, fir dass eebe Leit mat enger reduzéierter Mo-bilitéit och zu Beetebuerg kënnen zimmlech einfach den Zuch huelen.

Frou si mer och iwwert den Ausbau vu verschiede-ne Schoulgebaier hei am Land, sief dat den ECG oder de Geesseknäppchen. Et ass nëmme logesch, dass mer mam Bevëlkerungswuesstum och d'Schoule matwuessen dinn.

Eng gutt Saach ass och de Bau vu weidere Flücht-lingsfoyeren um Findel, well et feelt hei och aktuell u ville Plazen, well vill DPien ënnert der aktueller Logementskris eebe keng eegne Wunneng konnte fannen an deemno ëmmer manner Plazen am Foyer fräi sinn.

Eng weider Iwwergangsléisung, déi awer gradesou wichteg ass, ass den Ëmbau vum Centre Ulysse zu Bouneweg, wou Caritas jo bekanntermoossen zënter Joren deene vulnerabelste Mënschen aus eiser Gesellschaft en Daach iwwert dem Kapp bitt. Allerdéngs däerf een net driwwer ewechgesinn, dass e puer Honnert Meter weider, wou grad d'Schinne fir den Tram geluecht ginn, och den Abri-gado steet an d'Zoustänn sech do, wéi mir aus éischter Hand zougedroe ginn ass, immens verschlechtert hunn, virun allem fir Drogenofhänger.

Mir Piraten bleiwe bei eiser Linn, dëst ze dezentra-liséieren an dass musse méi Opfaangstrukturen och ronderëm an duersch d'ganzt Land entstoen. Well et bréngt dëse Mënschen näischt, nëmme ganz vill Frust, wa se aus dem ganze Land, aus der ganzer Groussregioun souguer zesummekommen, fir sech am Abrigado an der Stad ze treffen. Esou kréie mer dës Leit net aus dem Milieu eraus.

Deemno kéint et och en Thema an der Grouss-regioun sinn an nieft den Investissementer an d'Mobilitéit kéinte mer mat eisen Noperen emol kuck-en, dass mer Hëllefstrukture sur place bei hinne matfinanzéieren. An da wär och ze kucken, dass mir hei am Land nieft der Stad an Esch an och der Nordstad weider dezentral Ulafstellen opbauen, fir dëse Mënschen ze hëllefen.

Ganz positiv - an ech mengen, mir Piraten hunn et scho länger gesot gehat - ass, dass de Parking Clairefontaine endlech seng Elektroborne kritt, well wa mir als Chamber déi ganzen Zäit iwwer Elektromobilitéit schwätzen an déi gréng och nach an der Ver-antwortung sinn, mat am Bureau, a mir awer nēm-men zwou mini Elektroparkplazen hunn, dann ass et elo endlech Zäit, dass mer dann déi 60 Elektro-parkplazen och am Parking Clairefontaine kréien, fir endlech déi Elektromobilitéit och esou mat an d'Chamber ze bréngen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*).**- Här President, dës Projeten hunn eis gutt gefall. Virun allem ass eng sozial Linn ze erkennen. Wa mer an dësem Land wëlle weiderkommen, da musse mer och d'Ongläich-heeten an dëser Gesellschaft oplëisen.

D'Infrastruktur ass e wichtegt Element, fir dat ze erreechen. All Euro, deen an d'Chancëgläichheet investéiert gëtt, ass e gutt investéierten Euro. Dofir wäerte mir och haut dës Motioun matstëmmen an eisen Accord ginn. A merci dem Chantal Gary fir den exzellente Rapport. Merci.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister fir effentlech Infrastrukturen a Mobilitéit, den Här François Bausch.

#### *Prise de position du Gouvernement*

■ **M. François Bausch, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.**- Här President, ech wollt allen Deputéierte Merci soe fir hir Beiträg an och natier-lech fir déi enorm héich Zoustëmmung, déi mer hei kréie fir déi Projeten alleguer. Ech wollt natierlech och der Rapportrice Merci soe fir hire gudde schréfflechen a mëndleche Rapport. Ech wollt mech duerfir op eng Rei Froe beschränken, déi gestallt gi sinn, respektiv Remarken allgemenger

Natur, déi gemaach gi sinn zu eenzele Projeten oder zu Projeten, déi am Zesummenhang sti mat deem, wat mer haut diskutéieren.

Fir d'éischt emol déi Fro zu der Dezentralisatioun, déi den Här Kaes opgeworf huet, an en huet d'Bei-spill ginn hei vun der Douane. Ech hat mam Buer-germeeschter vu Gréiwemaacher schonn eng Kéier eng Diskussioun hei an der Chamber an deen huet mer esou eng Iddi ginn, déi mir perséinlech net schlecht gefall huet. De Finanzminister ass och elo just agelaf. Ech mengen, dat muss een eng Kéier mat dem Finanzminister diskutéieren. Mee a priori gëtt et sécherlech och nach verschidde Saachen, déi mer kënnen dezentraliséieren. An deem do Beräich wär et ganz sécher sënnvoll, well do och schonn eng Rei Saachen dezentraliséiert sinn. Ech mengen, et ass sécherlech derwäert, datt mer dat diskutéieren.

Dann zu der Place de la Constitution, déi vu ville Leit hei ugeschwat ginn ass. Ech mengen, dat ass e Projet, dee mir perséinlech immens um Häerz läit. Ech sinn och frou, datt ech dee Projet ka begleeden als Minister. Dat war vill schonn ... Déi Zäit, wéi ech am Schäfferot an der Stad war, huet dee Projet mer uewe geleeën. Do war ech ëmmer e bësse frus-tréiert, well dat eng staatlech Plaz war an ee kee richtegen Afloss drop hat.

Ech muss och soen, mir hunn hei eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg an et ass esou, wéi déi meescht et hei beschriwwen hunn a sech et och gewënscht hunn: Do si mer eis och mat der Stad Lëtzebuerg eens, datt mer do wëllen e flotten Espace schafen, dee fir d'Mënsche soll do sinn. Dat ass d'Haaptobjektiv. Déi Plaz soll autofräi ginn, busfräi ginn, an da muss ee kucken, wéi een och dee ganze Stroosseraum do gestalt. Do gëtt et jo dee Concours. Deen ass ofgeschloss. Do gëtt et eng Rei Projeten, déi dobäi erauskomm sinn. Et ass wéi ëmmer bei deene Projeten: Et gëtt der, déi fënnt ee gutt, besser. Et fënnt ee keen 100%eg gutt an am léifste géif een heiansdo verschiddener zesumme-schmëlzen.

Mir wäerten och nach mat der Stad Lëtzebuerg fir d'éischt elo nach eng - also dat ass op alle Fall mäi Wunsch - gemeinsam Sëtzung maachen. Ech géif soen, an der éischter Hallschent vum Januar, well de Concours, wéi gesot, ass jo ofgeschloss, d'Pro-jete si fäerdeg, an da wëlle mer eis mat der Stad Lëtzebuerg fir d'éischt nach ofschwätzen. An dann hoffen ech, datt mer eis eens ginn op entweeder ee vun deene Projeten oder ee vun deene Projeten, déi mer vlächtknach zousätzlech amendéieren, wat och ëmmer.

Mee an der Grondrichtung, der Grondausrichtung si mir eis eens, wat mer wëlle maachen. Dat ass dat Wichtigst. An da wäerte mer duerno - dat ass op alle Fall mäi Wunsch - och eng Kéier, wéi dat sech gehéiert bei esou engem Concours, eng Ausstel-lung maachen, all Projet virstellen, an natierlech och deen, deen da Laureat ass, an eventuell weisen, mat wat fir enge Verännerungen datt mer e wëllen ëmsetzen.

Also, wéi gesot, dat ass e Projet, dee wierklech och vun historescher Bedeitung ass. Ech mengen, et huet jiddwereen et ënnerstrach. Ech fannen et eigentlech traureg, datt esou eng historesch wich-teg Plaz, déi esou e schéinen Ausbléck huet mat der Gëlle Fra drop, wou och vill national Kommemo-ratiounen alljoers sinn, eigentlech eng Parkplaz ass. Ech mengen, et ass zwar gutt: D'Stad Lëtze-buerg benotzt se elo schonn oft, fir aner Saachen drop ze organiséieren. Ech fannen dat eng ganz gutt Saach. De Moment ass jo de Chrëschtdaart drop. An ech mengen, et gesäit een och, datt d'Leit Loscht hunn, op déi Plaz ze goen, an duerfir ass et wichteg, datt mer dee Projet do relativ séier weider-bréngen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. François Bausch, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.**- Da ware Froe gestallt ginn zu der Vëlospist Ëlwe–Clief. Ech wëll nach eng Kéier betounen, datt bei där Vëlospist, wann déi gebaut gëtt, d'Zweegleisegkeet guer keen Ofstréch mécht, dat behënnert déi also guer net. Et ass esou, datt am aktuellen Zéngjoresplang vun den CFL deen Ausbau do nach net virgesinn ass, well dat och net déi gréisst Prioritéit am Moment ass, well déi gréisst Enkpäss a Problemer hu mer net do um Réseau. Déi hu mer do, wou elo déi vill Chantiere sinn. Mee natierlech soll ee sech déi Capacitéit ha-len. Et geet jo ëm Capacitéit op der Streck an datt mer, wa mer eng Kéier nach méi mussen eropgoen, wat mer jo all hoffen, och dat do kënnen bauen. Dat ass iwwerhaupt kee Problem, well wann dat geschitt, da mussen d'CFL jo eng Entretienspist bauen, sou wéi Der dat de Moment och zu Beete-buerg gesitt. A wat mengt Der, wat mer zu Beete-buerg wäerte maachen op där Entretienspist, déi elo do ass? Do kënn déi Expressvëlospist vu Bee-tebuerg an d'Stad herno drop. Also d'CFL si schonn zum Deel amgaangen, se ëmzebauen, fir dann déi Expressvëlospist draus ze maachen. An hei géif et dann d'nämmlecht goen. Da kréie mer vlächtkeng Transitiousphas, an där et e bësse méi kompli-

zéiert gëtt fir de Vëlo. Dat ass ganz evident, bis dat gebaut ass, mee mir réckelen einfach e bëssen eriiwwer. An do wou d'Chantierspist ass, do kënn dann d'Vëlospist.

Also, wéi gesot, do brauch kee sech Suergen ze maachen. Et ass absolutt méiglech, de Capacitéits-ausbau zwëschent Clief an Ëlwen duerno ze maa-chen. A wann et sech sollt erginn, datt et muss gemaach ginn, da wäert et och gemaach ginn!

Da war et den Här Lamberty. Dir hutt mer eng Fro gestallt iwwert de Contournement vun Hesper. An ech gesinn, de Buergermeeschter ass och hei. Duerfir wëll ech dann hei profitéieren, fir hinnen déi freedeg Nouvelle ze ginn, datt ech den Avis kritt hu vum Environnement, an zwar d'lescht Woch. An ech hunn en och schonn u meng Servicier weiderginn. D'Ponts et chaussées sinn amgaang, nach e klen-gen Avis complémentaire dozou ze maachen, well et sinn e puer Saachen dran - déi awer net drama-tesch sinn -, zu deene mer eng direkt Ausso maa-chen, well mer jo e kompletten Dossier ofgi wëllen.

Mir sinn awer an engems och amgaangen, den Dos-sier fäerdeg ze maachen an an der drëtter Woch vum Januar wäerte mer en dann deposéieren op der Gemeng, also de ganze Bataklang. An da musse mer jo kucken, zesumme mat der Gemeng natierlech déi Consultation publique ze maachen, déi offiziell virgesinn ass an der Prozedur. Also dat ass um gudde Wee. Duerfir kann ech hinnen haut do eng ganz gutt Nouvelle an deem Sënn ginn.

Da sinn eng Rei Froe gestallt ginn zum Ausbau vum Tram. D'Madamm Cecchetti huet sech d'Fro ge-stallt, firwat datt mer elo hei d'Escher Strooss draschreiwen. Bon, si huet et gesot, si ass net an der Kommissioun, duerfir huet se vlächtknet all d'Infor-matiounen. Mir wäerte souwisou am Kader vum Plan national de mobilité 2035, dee mer an der Chamber jo wäerten elo Enn Januar virstellen ... Do ass den Tram natierlech e wichtegen Deel dran an do wäert de ganze Réseau och dra sinn.

Dat, wat Der ugeschwat hutt, ass natierlech alles virgesinn, dorun huet näischt geännert. Dat hei ass en Zousaztracé. An herno muss ee jo verstoen, wann de schnellen Tram vun Esch kënn an deen op der Cloche d'Or ukënn, da gëtt et jo zwou, fir net ze soe souguer dräi Méiglechkeeten: Et kënnen Leit op de Kierchbiereg wëllen, et kënnen Leit bei deen Eck Centre hospitalier/Stäreplaz wëllen, et kënnen awer och Leit op d'Gare oder an den Zentrum wëllen. Am Fong brauch een dann déi zwou Trassen, wann een dat alles wëllt de Leit als Méiglechkeet ginn, ouni dass se musse permanent ëmklammen, well dat soll jo dann do d'Zil sinn. Et kann een natierlech och ëmklammen. Herno gëtt et ganz polyvalent, wat fir eng Méiglechkeeten datt een do huet.

An da kënn dat Zweet derbäi, dat ass déi ganz Route d'Esch, do kënn eng enorm Bebauung! Dat ass zwar och de Virdeel, well do huet d'Stad Lëtze-buerg an hirem PAG och deen néidege Recul virge-sinn, fir datt den Tram ka gebaut ginn. Dat ass alles kee Problem. Duerfir ass dat scho wichteg an duer-fir ass et awer och wichteg, datt een eng zousätz-lech Achs do kritt. Déi géif och net laanscht d'Hol-lerecher Gare fueren, well dat gëtt oft ...

Bon, ech mengen, dat kann ee sech de Moment nach net virstellen, well dat anert nach net gebaut ass, mee um Paul-Wurths-Areal, do kënn jo e Bou-levard drop an dee gëtt net fir d'Autoen, mee just fir Vëloen, fir Foussgänger a fir den Tram an nach eventuell Bussen - dat muss een nach gesinn -, mee virun allem fir den Tram reservéiert. Dat ass och alles esou mat deene Promoteuren do ..., déi sinn och selwer Demandeur, fir dat ze maachen, well den Autosverkéier gëtt iwwer eng aner Strooss do éischter derlaanschtgeleet. An da géif deen Tracé - an dat ass am Fong deen Tracé, deen natierlech dann och bei Zéisseng fiert, also bei d'Lyceëen do -, deen neien Tracé op d'Escher Strooss géif dann iwwert de Boulevard eropkommen. Dat heescht, et géif net iwwert d'Escher Strooss goen. Déi ass jo elo relativ nei gemaach. Mee do soll éischter méi berouegt ginn op der Hollerecher Strooss, wéi se haut ass. Duerfir: Dat hänkt zesummen an dat wäerte mer och an deem Ganzen esou virstellen.

Dann zu der Fro mam Vëlo an dem Stellewäert an datt de Staat méi Virgabe soll ginn. Och do wäert am Plan national de mobilité 2035 villes kommen, well dee Plang wäert aus e puer Deeler bestoen. Do ass een Deel, dat ass Infrastruktur, dat sinn nei In-frastrukturen, déi mer wëlle bauen: Schinnen, wat och ëmmer. An da kënn e ganzen Deel dran, datt sinn och Recommandatiounen, Richtlinnen, déi mer wëlle ginn un d'Gemengen, un d'Allgemengheet, wéi mer solle verschidde Stroossenzech plangen, wéi d'Uertskāre sollen ausgesinn, Verkéiersberoue-gung, wéi dat sech haut gehéiert - also e bëssen d'Stied zu de Mënschen zrëckbréngen. An do ass och ganz vill fir de Vëlo dran.

Firwat kritt de Vëlo e grouse Stellewäert? Mee well am éischten Deel vun deem Plang vill Zuelematerial dran ass, do sinn Analyse gemaach ginn, Verkéiers-analyse gemaach ginn. Mir hu Statecs-Donnéeë verschafft, mir hunn Donnéeë verschafft vum Amé-nagement du territoire, wéi Lëtzebuerg sech ent-





wéckelt. Bon, an do kommen dann natierlech och Projektionnen dran an och Detailanalysen. An eng, zum Beispill, kann ech lech scho soen, déi wëll ech schonn erauszéien, dat ass: 40 % vun den Autosbeweegungen zu Lëtzebuerg sinn Autosbeweegungen ënner 5 Kilometer. An ech mengen, mir sinn eis alleguer eens, datt den Auto net erfονnt ginn ass fir esou kuerz Distanzen. Dat sinn Distanzen, déi sech natierlech enorm gutt eegne fir de Vélo.

Duerfir huet de Vélo och zu Lëtzebuerg e ganz grousst Potenzial! A villes, wat mer an der Vergaangenheet nach un Nodeeler haten, topografe-scher, dat gëtt et eigentlech haut net méi an deem Mooss. Éischstens kann een och Infrastrukturen do bauen, fir déi Topografie ze iwwerwannen. Mee virun allem mam Pedelec, mat der Assistance électrique fir de Vélo, gëtt et eigentlech keng Contrainte méi, och net méi am Alter. Jiddweree kann haut um Vélo fueren. Dat Eenzezt, wat feelt, dat ass eeben e konsequenten, kohärenten nationale Vélosreseau. An net, wéi Der et richteg gesot hutt, einfach mat Strécher op der Strooss, mee mat wierklech ofgetrennte flotte Pisten, mindestens op deenen Hauptachsen, géif ech emol soen, an dann natierlech och innerorts, dat heescht, datt d'Zesumme-spill mat de Gemenge gutt fonctionéiert. An do wäerten och Richtlinnen am Plan national de mobilité dra sinn, déi ech da wäert virstellen.

Insgesamt, wéi gesot, e grouse Merci fir déi breet Zoustëmmung. Ech mengen, mir ginn hei deem gerecht, wat och de Finanzminister bei sengem Budget gesot huet: „D'Investissementer sollen héich bleiwen.“ Dat maache mer, natierlech och, fir d'Ekonomie ze stimuléieren, mee mir maachen et awer och, well dat heiten alles Investissementer sinn, déi Lëtzebuerg wëlle weider fit halen a fit maache fir d'Zukunft, datt dat Land sech nach ka weiderentwéckelen. Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Minister François Bausch. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

#### Motion 1

Mir kommen nach zur Ofstëmmung iwwert d'Motion, déi bei dëser Diskussion deponéiert ginn ass.

#### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motion ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentionen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), M. Emile Eicher (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Octavie Modert), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## Le saviez-vous ?

### CONFÉRENCE DES PRÉSIDENTS

La commission dénommée « Conférence des Présidents » décide des questions relatives à l'organisation des travaux parlementaires, propose l'ordre du jour de la Chambre et donne son avis au sujet des projets de règlement grand-ducal pour lesquels son avis est requis en vertu d'une disposition légale.

### 14. 7822 - Projet de loi relative à l'émission de lettres de gage, et portant :

**1° transposition de la directive (UE) 2019/2162 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 concernant l'émission d'obligations garanties et la surveillance publique des obligations garanties et modifiant les directives 2009/65/CE et 2014/59/UE ;**

**2° mise en œuvre du règlement (UE) 2019/2160 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 modifiant le règlement (UE) n° 575/2013 en ce qui concerne les expositions sous forme d'obligations garanties ; et**

**3° modification de :**

**a) la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;**

**b) la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ;**

**c) la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif ; et de**

**d) la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement**

Mir kommen dann elo bei de Projet de loi 7822 iwwert d'Ausgab vu Pandbréiwer. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an ech géif direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, an dat ass den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif alleguer, d'Finanzwelt bleift net stoen. Mat enger enormer Vitess kommen nei Technologien op de Maart. Et ginn nei Finanzproduite konzipéiert - de Choix gëtt also méi grouss. De Legislateur - dat si mir - ass gefuerdert, fir derfir ze suergen, datt de gesetzleche Kader zu all Moment dësen Entwécklung Rechnung dréit.

Et gëtt och Produiten, déi schonn zanter Joerzéngen, wann net Joerhonnerte bestinn. „Lettres de gage“, op Däitsch bekannt ënner „Pfandbriefe“, a wéi de President ganz richteg sot, op Lëtzeburgeresch „Pandbréiwer“, gëtt et zum Beispill zënter dem 18. Joerhonnert. Et handelt sech ëm e Scholdinstrument, erausgi vun enger Bank, dat duerch Aktive gedeckt ass. D'Legislatioun ronderëm dëst Finanzinstrument muss ugepasst ginn.

An deem Kader presentéieren ech lech haut de Rapport zum Projet de loi 7822 iwwert d'Lettres de gage. De Projet ass am Fréijoer, an zwar genee de 7. Mee dëst Joer, deposéiert ginn. Et geet éisch-tens drëm, fir déi europäesch Direktiv 2019/2162 vum 27. November 2019 iwwert d'Lettres de gage an d'ëffentlech Kontroll vun den Obligations garanties a Lëtzebuurger Recht ëmzesetzen. Zweetens gëtt d'europäesch Reglement 2019/2160 vum 27. November 2019 iwwert d'Obligations garanties ëmgusat.

D'Zil vun dësem Gesetzesprojet ass et, fir déi ugestriefften Harmonisation vum den Normen, déi d'Emission vun Obligations garanties an der Europäescher Unioun reegelen, an nationaalt, a Lëtzebuurger Recht ëmzesetzen. Doriwwer eraus gëtt eng Approche „Produit“ an dësem Projet proposéiert. Schlussendlech limitéiert sech mat dësem Text d'Emission vun de Lettres de gage net just op spezialiséiert Etablissementer, mee den Accès gëtt ënner strenge Bedingungen op all Bank ausgeweit.

D'Lettres de gage si Scholdinstrumenter, déi vun engem Kreditinstitut ausgestallt ginn. Dës Lettres de gages ginn iwwer gewëssen Aktive vun dësem Kreditinstitut gedeckt. E wichtege Aspekt ass deen, datt den duebele Recours gëllt, dat heescht, datt d'Investisseuren d'privilegiéiert Recht op d'Aktiven hunn, déi als Garantie hannerluecht goufen. Wann dës Aktiven net duerginn, fir d'Schold géint-iwwer den Investisseuren ze begläichen, dann hunn d'Investisseuren nach e Recht op dat, wat een nennt „masse restante“, d'Masse restante vun der Bank selwer, awer just als „chirographaire Creancieren“. Wat si chirographaire Creancieren? Dat si Creancieren, déi weeder e Privileeg nach eng Hypothéik hunn. D'Lettres de gage gëlle generell als sécher Finanzéierungsquellen, souguer a Krisenzäiten.

Wéi de Finanzministère der Finanz- a Budgetskommission op Nofro hi preziséiert huet, waren an der Period vun Enn 2018 bis Mëtt 2021 zwee spezialiséiert Etablissementer fir d'Lettres de gage registriéiert, dovunner eent aktiv an eent am sougenannte „run-off“. Am Joer 2022 wäert dat lescht Etablissement dann och mat sengen Aktivitéiten zu Lëtzebuerg ophalen, well de Grupp sech nei strukturéiert.

Déi europäesch Direktiv 2019/2162 vum 27. November 2019 iwwert d'Erausgi vun den Obligations garanties an d'ëffentlech Kontroll dovunner

schaaft en harmoniséierte Kader fir d'Obligations garanties an der Europäescher Unioun. Bis haut gëtt d'Emission vun de Lettres de gage iwwert d'ofgeännert Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwert de Finanzsektor gereegelt. Et ass gutt ze wëssen, datt d'Dispositionne vum Gesetz vum 5. Abrëll 1993 scho relativ no un den Dispositionne vun der Direktiv 2019/2162 sinn. Déi Direktiv gesäit Reegelen zu den Obligations garanties vir, Reegelen, déi d'Investisseure schützen, hir strukturell Eegeschaf-ten definéieren, déi ëffentlech Kontroll virgesinn a Verflchtunge fir d'Veréffentlechung virschreiwén.

De Staatsrot huet an dësem Kontext e puer formell Oppositionne formuléiert, déi integral am Text iwwer-holl goufen. Et goufen och eng ganz Rei zousätzlech Ännerunge vum Staatsrot ugeholl. D'Virschléi vun der héijer Kierperschaft goufen awer net all mat iwwerholl, well d'Zil vum Gesetzesprojet net just dorop begrenzt ass, fir déi europäesch Texter ëmzesetzen. Zousätzlech soll eng gewësse Kontinuitéit mam ofgeännerte Gesetz vum 5. Abrëll 1993 bestoe bleiwen.

De Gesetzesprojet, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, dee mer hei virleien hunn, gesäit zwou Haaptännerunge vir. Éischstens soll de Lëtzebuurger Regimm vun de Lettres de gage gläichzäit-eg mam neien europäesche Regimm vun den Obliga-tions garanties an engem Text koexistéieren, dat heescht, datt d'Obligations garanties als Souskate-gorie vun de Lettres de gage, vun de Pandbréiwer, gesi ginn. Bis elo gëtt et just de Lëtzebuurger gesetzleche Kader, deen awer scho ganz no un der Direktiv ass.

Zweetens gëtt eng Approche „Produit“ agefouert. D'Emission vun de Lettres de gage gëtt also iwwert e separat Gesetz gereegelt. D'Emission vun de Lettres de gage gëtt deemno erweidert. Et kënnen also an Zukunft net just spezialiséiert Etab-lessementer, sougenannt „banques d'émission de lettres de gage“, mee och klassesch Bankinstitute, wéi mir et dacks soen: „Universalbanken“, Lettres de gage erausginn, dëst natierlech ënner strenge Bedingungen. Dat heescht awer net, datt de Regimm vun de spezialiséierten Etablissementer ofgeschaaft gëtt.

De Gesetzesprojet ass a verschidde Kapitelnënnerdeelt. Dat éischt Kapitel reegelt d'Emission, also d'Erausgi vun de Lettres de gage. Virun allem gëtt definéiert, wéi eng Konditiounen ze erfëlle sinn, fir datt eng Lettre de gage als „obligation gar-antie européenne“ oder „obligation garantie euro-péenne de qualité supérieure“, wéi am Text steet, gëllt. Zousätzlech ginn d'Garantien erkläert, vun deenen d'Investisseure profitéieren. Ech ziele se kuerz op: den duebele Recours, d'Präferenzrecht, Ufuerderunge ronderëm d'Couverture, d'Masse de couverture, d'physisch Aktiven, déi als Sécherheet benotzt ginn, an d'Liquiditéitsufuerderungen.

De Gesetzesprojet gesäit keng verlängierbar Eche-ance vir. Dës Optioun gouf also net aus der Direktiv 2019/2162 iwwerholl, ausser am Fall vun der Insol-vabilitéit vum Kreditinstitut.

Dat zweet Kapitel reegelt d'Virschreften, deenen d'Kreditinstitut ënnerläit, dat eeben d'Lettres de gage, d'Pandbréiwer,erausgëtt. Méi prezis geet et also drëm, wéi d'Autorisation fir e Lettres-de-gage-Programm erausgi gëtt a wéi d'Aschreiwung vun de sougenannten „actifs de couverture“ am Gage-Regëster virgeholl gëtt. Et geet och ëm déi obliga-toresch Kommunikatioun un d'CSSF an un d'Inves-tisseuren an et geet ëm d'Kontroll vum agreéierten a spezialiséierte Réviseur d'entreprise.

Dat drëtt Kapitel erkläert d'Kontroll vun de Lettres de gage. D'CSSF gëtt als Autoritéit ugin, déi d'Res-pektéiere vum Gesetz iwwerwaacht. D'CSSF kritt also, wéi esou dacks, och hei Pouvoire fir ze iwwer-waachen, ze enquêtéieren an ze sanktionéieren.

Dat véiert a lescht Kapitel schützt d'Bezeechnunge „lettre de gage“, „obligation garantie européenne“ an „obligation garantie européenne de qualité supé-rieure“.

Fir zousätzlech Erklärungen verweisen ech op de Commentaire des articles.

Elo wëll ech awer nach kuerz op d'Avisen, déi mer erakruten, agoen. De Staatsrot hat säin Avis den 28. September dëst Joer erausginn. De Staatsrot ënnerstëtzt d'maximal Limitt vun der Emission vun de Lettres de gage, well se d'juristesches Sécherheet an d'Sécherheet vun de Creanciere vum Kreditinsti-tut erhéicht. Dës Limitt soll jo - fir datt ee besser versteet - fir Gläichgewiicht, en Equiliber tëscht de Rechter vun den Deposanten an anere Creanciere suergen.

De Staatsrot huet verschidde formell Opposi-tiounen ausgeschwat, notamment fir derfir ze suer-gen, datt d'Ëmsetzung méi no un der Direktiv soll bleiwen. Zousätzlech huet déi héich Kierperschaft nach eng Rei Prezisiounen gefrot. A sengem Avis complémentaire huet de Conseil d'État d'Amende-menter guttgeheesch.

An hirem Avis vum 12. Juli 2021 huet d'Chambre de Commerce dëse Projet begréisst. Virun allem sinn

d'Ouverture fir d'Emissionen vu Lettres de gage op all Kreditinstitut an d'Harmonisation um euro-päesche Plang vu Virdeel fir de Secteur. D'Handels-kummer huet d'quantitativ Limitt vun 20 % kriti-séiert - ënner anerem géife Prezisiounen feelen. D'Handelskummer gëtt hiren Accord zu dësem Pro-jet, awer sous réserve, datt d'Fro vun der quantita-tiver Limitt gekläert gëtt. Iwwerdeems wier déi administrativ Amende ze héich ugesat.

Fir Detailler verweisen ech hei op déi respektiv Avisen.

Ech wëll lech op dëser Plaz Merci soe fir Är Opmierksamkeet, an e besonnesche Merci un den Här Finanzminister an un den zoustännige Beam-ten aus dem Ministère fir déi exzellent Zesummen-aarbecht am Kader vun dësem Projet. An am Numm vu menger Fraktioun géif ech dann och hei den Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn. Vill-mools merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Rapporteur André Bauler villmools Merci a ginn d'Wuert un den honorabelen Här Laurent Mosar.

#### Discussion générale

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, merci, Här President. Ech wëlt och ufänke mat engem ganz grouse Merci un eise Rapporteur, deen eis dee Pro-jet net nëmmen am Detail erkläert huet, mee deen och nach e klengen Historique gemaach huet an eis och nach eng Kéier juristesches erkläert huet, wat eng Lettre de gage ass. An ech hu mech 40 Joer méi jonk gefillt, Här Rapporteur: Wéi ech nämlech am éischte Joer Droit war, war ëmmer de Gage um Pro-gramm an et war ëmmer eng Fro, déi mer immens gefaart hunn, well et war eng komplizéiert Fro. Duerfir merci fir mir och dee flotte Moment do ginn ze hunn.

Ech wëllt zum Projet soen, an Dir hutt dat erkläert: Fir d'éischt geet et hei ëm eng Transposition vun enger Direktiv, eng Harmonisation. Doniewent gëtt awer och eng nei Zort vu Produit agefouert. An Dir wësst - an do adresséieren ech mech éischter un de Finanzminister -, datt ech mech jo oft hei méi kritesch mat Transpositionen vun Direktiven auser-neesetzen, well ech fannen, datt mer am Moment amgaange sinn, um europäeschen Niveau awer vläicht heiansdo e bësselchen ze vill ze reguléieren.

Dat hei, muss ech awer soen, ass eigentlech eng Direktiv, déi äusserst positiv ass, déi och der Finanzplaz wierklech eppes bréngt, well et hei u sech zu enger Harmonisation kënn an engem Beräich, wou ech mengen, datt d'lëtzebuergesch Finanzplaz wierklech e ganz groussen Knowhow scho säit Joren huet. An ech mengen duerfir och, datt dat heite Gesetz sech wierklech och wäert ganz positiv fir déi Finanzplaz auswirken.

Duerfir wäert ech hei mat engem ganz grouse Pleséier och den Accord vu menger Fraktioun ginn. Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. An da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Villmools merci, Här President. Ech hu mech zwar elo net vill méi jonk gespiert, mee dat ass awer elo net esou wichteg. Ech wëlt dem Här Bauler Merci soe fir säi gudde Rapport an deen interessanten Historique, deen awer wierklech flott nozelauschtere war. Domat den Accord.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Lorsché. An da ginn ech d'Wuert un den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Jo, merci och dem Här Bauler fir déi ganz gutt Explikatiounen. Merci och fir de Rapport. An ech ginn heimadder den Accord vun der LSAP.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Engel. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den Här Fer-nand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech mengen, Här President, dat Wichtigst, wat een hei elo ka soen, dat ass, dem Här Bauler villmools Merci ze soen, well en huet alles gesot, wat vum Contenu hier ze maachen ass. Also villmools merci! A mir ginn och den Accord als ADR.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo, villes gouf scho gesot. E Merci och un de Rapporteur fir dee ganz extensive Rapport. Dat gouf nach net vun alle gesot. Dofir soen ech nach eng Kéier Merci, a mir ginn och eisen Accord heizou.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.





#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech si frou, dass dëse Projet esou eng grouss Zoustëmmung kritt. Dat ass och de Verdéngscht vum Rapporteur André Bauler, deen dat effektiv ganz gutt gemaach huet. An ech wäert och dofir elo net ze vill an den Detail goen, well hien huet alles gutt erkläert. Loosst mech just e puer komplementar Informatiounen ginn.

Dat hei ass e Projet de loi, dee gutt ass fir eis Finanzplaz, fir déi ze diversifizéieren. An dat hat och den Haut comité de la place financière erkannt an en hat jo och recommandéiert, dass mer an déi Richtung solle goen. Mir hunn um nationale Plang iwwert déi lescht Joren hei legiferéiert, fir déi Lettres de gage kënnen méi ze gebrauchen, an du kouw dann och dës Direktiv 2019, déi de Cadre juridique vergréissert a méi breet mécht.

Et geet drëms, eng Harmonisatioun ze maache vun der Emissioun a vun der Surveillance vun de Lettres de gage, an och dorëms, de richtigen Equilibre ze fannen, wéi den Deputéierten André Bauler richteg gesot huet, vun der Protektioun vun den Investisseuren a Lettres de gage op där enger Säit an traditionellen a klassischen Deposanten op där anerer Säit.

Mir haten zu Lëtzebuerg e Cadre juridique, deen en fait limitéiert huet, wien esou Lettres de gage kéint erausginn. Dat ware spezialiséiert Banken a soss keen! An dat ass e Modell, deen en fait amgaangen ass auszelafen an deene meeschte Länner. An d'Innovatioun, déi dës Direktiv bréngt, ass, dass all Typ vu Bank dat maache kann, wa se natierlech verschidde Konditiounen respektéiert. An déi Obligation garantie, wéi d'Wuert et seet, „garantie“ ass natierlech dat, wat drënner läit: de Gage, den Objet, dee garantéiert gëtt. An domadder ass dat heiten natierlech och eng Kontributioun un d'Finanzstabilitéit, net nëmme vun den Investisseuren, mee en fait vun der ganzer Kreditwelt.

Et ass esou, dass mer dann elo zu Lëtzebuerg déi Spezialitéit, déi mer haten - dat waren auslännesch Banken, déi spezialiséiert waren an de „Pfandbriefe“, dat waren of däitsch Banken, oder „Lettres de gage“ op Franséisch -, dass mer déi awer bäibehalen. Dat sinn da spezialiséiert Banken. An do dernieft gëtt et dann déi europäesch Direktiv, déi dann elo hei an den Asaz kënn, wou een dann als Universalbank, als Generalistebank, dat heiten och ka maachen, wann ee verschidden Oplagen op sech hält.

Dat wäert eis hëllefen, eng Gamm Produiten op de Marché ze bréngen, déi et soss net gouf. Mir hunn 2018 - an dat ass mäi leschte Punkt, deen nach net erwänt ginn ass - d'Lettres de gage justement gebraucht, fir Energie-renouvelablen ze finanzéieren. Dat heescht, dat hei ass e Produit, dee prætéiert sech gutt fir d'Finance soutenable, an dat begrëssen ech an ech mengen, dat ass och fir d'Zukunft eppes Wichteges. A mat dësem Gesetz wäert ee kënnen Lettres de gage fir Énergies renouvelables oder aner klimafrëndlech Produite maachen, finanzéieren an och refinanzéieren. De Refinanzement war bis elo net méiglech.

Ech freeë mech och, dass mer dat konnten an den néidegen Daleia maachen. Et ass eng komplizéiert Direktiv, wou d'Kommissioun de Länner e Bësse méi Zäit ginn hunn. Mir sinn hei gutt an der Zäit, an dofir allen Acteuren, déi hei dru geschafft hunn, villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci dem Här Finanzminister Pierre Gramegna. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7822. Den Text steet am Document parlementaire 7822<sup>5</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7822 et dis-pense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehoill.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloener (par M. Yves

Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Georges Engel), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 15. 7423 - Projet de loi concernant le re-classement partiel de la voirie et la reprise par l'État d'une série de chemins vicinaux et portant modification de l'article 6bis de la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds des routes

Mir kommen elo zum Projet de loi 7423 iwwert de Reklassement vu verschiddene Stroossen. D'Rie-dezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

■ **M. Carlo Back** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Här President, Kolleginnen a Kollegen, Här Minister, hei geet et drëm, eis Gesetzgebung un d'Ännerung vum Stroossennetz unzepassen, déi zanter dem leschte Voiriesgesetz gemaach goufen. An dat sinn der zimmlech vill, vu datt et sech hei ëm d'Gesetz vum 22. Dezember 1995 handelt. Dobäi muss een awer och erwänen, datt et fir d'Autobunne mat der Loi modifiée vum 16. August 1967 e separat Gesetz gëtt.

Contournement goufe gebaut, Nationalstroosse goufen aus- oder ëmgebaut, d'Gemenge froe reegelméisseg och op Staatsstroossen, déi duerch hir Uertschafte ginn, Verkéiersberouegungsmoos-name bis hin zu 30er-Zonen oder Zone-de-rencon-tren. An et gëtt och Fonctionnements- oder Pri-ori-téitsännerunge vu Stroossentrônçonen, en fonction vum wuessenden oder ofhuelenden Trafick an och en fonction vum Ausbau vum ëffentlechen Trans-port.

Dat alles virausgesat, geet et also elo generell dorëms, en effikassen nationale Stroossereseau ze garantéieren, dee méiglechst a jour ass an de Besoine vun haut a vu muer a puncto Persounen- a Giddertransport gerecht gëtt.

A ganz konkreet geet et hei am Projet de loi ëm follgend dräi Aspekter: éischstens, no all den Ännerun-gen, déi an deene leschte Jore virgeholl goufen, elo nees eng kloer Hierarchie vun eisem Stroossennetz ze etabléieren; zweetens, ze garantéieren, datt d'Stroosse richteg ënnerhale ginn, an eng Harmoni-séierung vun de Stroossenamenagement op natio-nalem Niveau ze garantéieren; an drëtens, Stroos-sen en fonction vun den Notzungsännerungen an de leschte Joren nei anzeklasséieren. Gemenge-stroosse ginn zum Beispill dem Staat iwwerdroen als Chemin repris.

All dës Ännerungen hu virun allem och zum Zil fir ze klären, wien zoustänneg ass fir all dës Weeër ze ënnerhalen an och ze amenagéieren, wann do e Be-soin ass, soudass dës Weeër an engem gudden Zoustand benotzt kënnen ginn. Dat sinn Aufgaben, déi dem Staat zoufalen oder de Gemengen.

Fir dëst ze illustréieren, ginn ech d'Beispill vum Contournement vu Jonglënster. No dem Bau vum Contournement vu Jonglënster gëtt d'N11 op dem Stéck, dat duerch Jonglënster geet, e Chemin repris, CR. An de Contournement vu Jonglënster kënn dann natierlech nei an de Programme des contournements d'agglomérations et tronçons de route derbäi. Dat kënn Der am Artikel 10 vum Pro-jet de loi noliesen.

Insgesamt gi mat dësem Projet follgend Ëmklas-séierung gemaach: 1.535 Meter Chemins repris a 4.505 Meter Chemins vicinaux, also Feldweeër, ginn zu Nationalstroossen. 25.173 Meter Feldweeër ginn zu Chemins repris ëmklasséiert. 4.951 Meter Na-tionalstrooss ginn zu CR erofgestuut. 46.208 Me-ter Chemins repris ginn zu Chemins vicinaux erof-gestuut a falen deemno nees an d'Kompetenz vun de jeeweilege Gemengen. An 31.616 Meter Strooss waren nach guer net aklasséiert a gi mat dësem Projet zu ronn zwee Drëttel als Nationalstrooss aklasséiert an zu engem Drëttel als Chemins repris.

Do dernieft änneren och nach eenzel Nimm vun Nationalstroossen an CRen. Et gëtt och eenzel Ofriedunge vun ëffentlechem Raum, deen un d'Stroosse gebonnen ass, vum Staat un d'Gemen-gen, zum Beispill d'Cessation de places publiques.

Insgesamt kritt de Staat mat all dëse Changemen-ter ronn 4.662 Meter Stroossen zousätzlech ze ënnerhalen, a mam Akraaftriede vum Gesetz wäert de staatleche Stroossereseau genee 850 Kilometer Nationalstroossen an 1.882 Kilometer Chemins repris beinhalten. All dës Ännerunge sinn am Detail an och mat de jeeweils betraffe Gemengen an den eelef Tabloen an der Annex vun dësem Projet de loi festgehalen.

Da kommen ech zum Avis vum Staatsrot. De Projet de loi ass den 12. März 2019 deposéiert ginn. Am éischten Avis vum 2. Juli 2019 hat de Staatsrot just Froen opgeworf a legistesche Remarken zu deem Projet de loi gehat, mee hat awer keng Opposition formelle zum Projet de loi gemaach.

De Staatsrot huet awer eng Remark an de Considé-rations générales gemaach am Sënn, datt dëse Pro-jet de loi nëmme géif d'Reprise an de Klassement vun der Voirie communale an der Voirie étatique virgesinn, an dëst och vice versa. Et géif an deem Sënn hei och drëms goe fir festzeleeën, wien zou-stänneg ass fir den Entretien an d'Gestioun vun de jeeweilege Stroossen, ouni datt awer d'Propriétéit géif änneren. Wann een en Transfert vun der Pro-priétéit vum Domaine public de l'État an den Do-maine public vun de Gemengen envisagéiert hätt, da misst dat am Projet de loi preziséiert ginn. Dëst huet dann zu engem Mëssverständnis tëschent dem Conseil d'État an der Regierung gefouert. Et kouw zu engem Amendement parlementaire, wou versicht ginn ass, dësen éischte Bemierkunge vum Conseil d'État Rechnung ze droen.

Dësen Amendement war da folgendermoosse for-muléiert: « L'État abandonne aux communes la pleine propriété de la plate-forme des tronçons de routes nationales et places publiques énumérés à l'annexe, tableaux III et X. »

De Staatsrot konnt awer dës Amendements parle-mentaires net positiv aviséieren an huet zwou Op-positions formelles gemaach weinst Insécuritées ju-ridiques, wat och zu enger Reunion am Staatsrot selwer vum President vun der Chamberskommis-sioun, dem Conseil d'État an de Beamte vun der Re-gierung gefouert huet, fir den Dossier eng kéier ze-summen am Detail duerchediskutéieren an d'Mëss-verständnisser opzeklären.

Eng vum Staatsrot sengen zwou Oppositions for-melles ass aus dem Avis complémentaire a war folgendermoosse motivéiert, an ech liesen dat op Franséisch, well dat ass e Bësse komplizéiert soss: « Le Conseil d'État donne encore à considérer que le projet de loi sous examen ne concerne qu'une portion relativement réduite de la voirie publique, de sorte que la propriété de la plus grande partie du réseau resterait soumise à l'ancien régime juri-dique. Il en découlerait une dualité de régimes qui risque d'être source de nouvelles difficultés. Si les solutions jurisprudentielles dégagées de longue date ne donnent pas satisfaction, il est nécessaire d'élaborer une législation réglant le régime de pro-priété de l'ensemble du réseau routier, faute de quoi l'on risquerait d'aboutir à une pluralité de règles différentes applicables à un réseau qui, pourtant, est continu. »

Dat heescht, de Conseil d'État huet derfir plädéiert, datt, wann een net just den Entretien, mee och d'Propriétéit vum Terrain wéilt transferéieren, da géif dat zwar goen, mee et misst een dat awer da fir dee ganze Stroossereseau maachen, also am Kader vun engem globale Gesetz, fir datt een eng Pluralitéit vu Reegelen um selwechte Stroossere-seau kéint vermeiden.

Dëst huet derzou gefouert, datt eis Kommissioun dunn am Accord mam Ministère awer dovunner ofgesinn huet, fir och d'Stroossepropriétéit ze trans-féréieren, a mat engem weideren Amendement nees zur originaler Approche zrëckkomm ass. Dëse lesch-ten Amendement gouf dann och an engem weideren Avis complémentaire positiv vum Staatsrot aviséiert, wat och erkläert, datt dëse Projet de loi esou laang duerch d'Prozedur gebraucht huet.

Et gouf kee weideren Avis zu dësem Projet de loi. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn domat och den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Här Rapporteur Carlo Back. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Serge Wilmes agedroen. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Serge Wilmes** (CSV).- Merci, Här President. Ech hale mech ganz kuerz. Ech soe Merci dem Här Back fir säi Rapport an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun dozou.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Wilmes. An da wier et um honorabelen Här Max Hahn.

■ **M. Max Hahn** (DP).- Ech wäert probéieren, dat genauso séier ze maache wéi de Serge Wilmes.

#### (Hilarité)

Well dat net méiglech ass, probéieren ech, et nach e bëssen erauszögeren. Ech wollt just de Mi-

nister nach eng kéier ënnerstëtzen an där Approche oder deem Versprieche, wat en eis gemaach huet, fir an Zukunft vläicht méi oft déi heite Gesetzer stëmmen ze loosse; ech mengen, de Rapporteur huet et virdru gesot, et war 1996, wann ech mech richteg erënneren. Wéi gesot, mer solle kucken, dat e Bësse méi zäitno ze maachen, well et ass einfach e risegen Avantage, besonnesch fir déi Stroossen, déi d'Gemenge kréien, well se einfach vill méi fräi sinn, fir do verkéiersberouegend Mesuren ze maa-chen. Well et ass awer natierlech e Bësse méi en zéie Prozess, wann dat iwwert d'Verwaltung muss goen, wéi wann eng Gemeng dat ka maachen, well d'Strooss an hirem Besëtz ass.

Dëst gesot, dem Rapporteur villmools merci fir seng zwee Rapporten, a mir ginn och eisen Accord, also ech ginn den Accord vun der demokratescher Fraktioun. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Hahn. An da wier et um Här Dan Biancalana.

■ **M. Dan Biancalana** (LSAP).- Merci, Här President. Ech schléisse mech mengem Virriedner un, soen dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport a ginn heimadder och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Biancalana. An elo ass den Här Jeff Engelen scho prett.

■ **M. Jeff Engelen** (ADR).- Merci, Här President. Ech wëll dem Här Carlo Back en häerzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, et ass alles gesot, et brauch net nach ergänzt ze ginn oder bäigefléckt ze ginn. Ech géif him Merci soe fir säi Rapport a mir ginn d'Zoustëm-mung vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Engelen. An da wier et un der Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Léng*).- Jo, also bei eis ass dat elo net esou. De Reklassement vun der Voirie zwësche Gemeng a Staat géife mir ganz gäre matstëmmen. Mee eis stéiert e klengen, e ganz klit-zeklenge Projet dran, dat ass de Contournement vu Käerjeng, deen och drasteet, well deen nach net gebaut ass. Duerfir wéilt mir eis hei enthalten.

A mir fannen déi Aktioun, déi haut stattfonnt huet, dee Moratoire zwëschent der Biergerinitiativ an deenen dräi nationalen Associatiounen, nämlech dem Mouvement écologique, Natur an Ëmwelt a Youth for Climate immens flott. Dat beweist nämlech, datt dat keng NIMBY-Aktioun méi sinn, mee datt et hei ëm méi geet. Et muss ee wëssen, datt mir um 15. Oktober (veuillez lire: um 15. Februar) dëst Joer schonn den Overshootday haten - mir waren op Plaz zwee hanner Katar -, dat heescht, wou mir theoreetesch eis Rohstoffe ver-braucht haten, déi an engem Joer kënnen nowues-sen. Mir sinn och dat Land, wat am meeschten zer-sidelt ass an zerschnidden ass hei a ganz Europa.

A mir wëssen och, datt mir an dem Plan sectoriel « Transports » minus 50 % musse packe par rapport zu 2019, bis 2030. An 2030, soen ech ëmmer, dat ass muer, dat ass en Zil, dat ass ganz héich. An dat erreche mer bestëmmt net, andeems mer nei Strossen a Contournementen bauen, wou mer Beem ëmhaen, wou mer CO<sub>2</sub>-Emissiounen geréieren, well d'Baggere kommen. Wou och iwwregens den Här Wolter - nee, net den Här Michel Wolter, mee den Här Frank Wolter -, Direkter vun der ANF, an enger Zeitung gesot huet, datt den Impakt vum Klimawan-del elo esou staark ass, datt Kompromisser a Prio-ritéiten néideg sinn. D'Gesondheetsrisike fir d'Ver-jüngungsmoosname vum Bësch sinn esou grouss, datt d'Krounendiecher vun de Wälder onbedéngt musse geschlosse bleiwen, soss riskéieren d'Wäl-der ofzestierwen. Dat heescht, mir musse probéie-ren, esou mann wéi méiglech Bëscher ofzeholzen.

A wann een e Contournement baut wéi deen zu Käerjeng, da gëtt ofgeholzt an dat ginn da Lächer an de Bësch, an da stierft deen of. A wann eis Bë-scher ofstierwen, da verléiere mir alles, sou den Här Wolter. An et ass immens wichteg, jee no Alter, jee no Bamaart, jee no Bedingungen, wéi vill CO<sub>2</sub>-Emissiounen gespuert ginn. Dee Bësch ass en ale Bësch, deen huet ganz vill CO<sub>2</sub>-Emissiounen ge-spuert!

A fir deen, dee mengt, ech géif hei Blödsinn zielen: De Roger Schauls huet op YouTube Filmer gesat, déi si ganz kuckenswäert! Déi kënn Der kucke goen, och op der Biergerinitiativ hirem Site. Well d'Beem sinn haut nach net gefällt, mee wann dat bis geschitt, da kënnen mer net méi zrëckgoen. Dofir, wannegelift, iwwerleet lech et gutt!

Mir kënnen net jäizen, datt de Reebësch ofgeholzt gëtt, datt de Bolsonaro dat net richteg mécht, a mir hei am Lëtzebuerger Land, mir holzen of a mir wël-len dann nei Beem op eng Agrarwiss setzen. Déi brauche mer och! Agrarflächen, déi nohalteg bewirtschaft ginn, brauche mir der immens vill. Do-fir kommt, mir bündelen dach alleguer eis Energien heibannen an eis Iddien a setzen eis fir eng besser





Liewensqualitéit am Duerf an, awer ouni d’Ofholze vum Bësch, well dee brauche mer och fir eis Liewensqualitéit.

D’Ofholze vum Bësch muss en Tabu sinn. Mir geheien och net an der Stad d’Chamber ëm, fir iergendeppes aneschters ze bauen. Dat ass och en Tabu. Mir hunn hei den Tram installéiert, an dat ass eng super Saach. Mir sollen einfach zesumme kucken, wéi mer kënnen all déi Contournementen - an do, fannen ech, och dee vun Hesper - evitéieren an zesummen heibanne Léisunge fannen. Well et geet wierklech ëm d’Zukunft vun eis an eise Kanner!

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d’Wuert.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Och merci dem Carlo Back fir säi gudde Rapport. Och mir Piraten wäerten d’Zoustëmmung ginn. Ech mengen, ech si jo doënnen aus deem Eck. Mir Piraten stinn och zum Käerjenger Contournement.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Goergen.

D’Regierung huet d’Wuert, den Här Minister fir ëffentlech Infrastrukturen a Mobilitéit, den Här François Bausch.

#### ***Prise de position du Gouvernement***

■ **M. François Bausch, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics***.- Här President, ech soen der Chamber Merci fir déi breet Zoustëmmung.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools. D’Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7423. Den Text steet am Document parlementaire 7423<sup>7</sup>.

#### ***Vote sur l’ensemble du projet de loi 7423 et dispense du second vote constitutionnel***

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7423 ass mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Georges Engel), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## **16. 7843 - Projet de loi relative à l’extension et à la rénovation des bâtiments de la Fondation Kräizbierg à Dudelange**

Als leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut komme mer zum Projet de loi 7843 iwwert d’Extensioun an d’Renovatioun vun de Gebaier vun der Fondatioun Kräizbierg zu Diddeleng. D’Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d’Wuert kritt elo de Rapporteur vun deemem Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back.

#### ***Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics***

■ **M. Carlo Back (*déi gréng*)**, rapporteur.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, an deemem Projet geet et ëm e Finanzéierungsgesetz

an dofir war d’Prozedur och, wéi üblech, zimmlech schnell an ouni Awänn vum Staatsrot.

Konkreet geet et ëm de Finanzement vun enger Extensioun an enger Renovatioun respektiv Sanéierung vun de besteeënde Gebaier um Site vun der Fondatioun Kräizbierg zu Diddeleng. De Montant maximum à ne pas dépasser ass fir dese Projet 49 Milliounen Euro, mam Bauindex 845,51 vum 1. Oktober 2020. An d’Ausgabe lafen iwwert de Fonds d’investissements publics sanitaires et sociaux.

Dir wësst et all: Op deem Terrain, dee bis 1978 der ARBED gehéiert huet a wou de fréieren Direkter Emile Mayrisch a seng Famill Ufank vum leschte Joerhonnert eng Rëtsch Jore gewunnt hunn, ass haut d’Fondatioun Kräizbierg implantéiert.

Dës Fondatioun ass zanter Joerzénkten e wichtege Acteur a bitt um Diddelenger Kräizbierg eng wuessend Palett vun Aktivitéiten a Servicer fir Leit mat Behënnerungen un. De bekanntste Volet sinn hei warscheinlech hir Ateliers protégés, déi separat als Société coopérative organiséiert sinn. Dës Ateliere bidde ville Leit mat Handicap eng Aarbechtsplaz ënnert dem Statut vum Travailleur handicapé a ginn hinnen domat d’Méiglechkeet, sech kënnen am Berufsliewen ze integréieren. Iwwert de Site vum Kräizbierg eraus verwalt d’Fondatioun mëttlerweil awer och schonn eng ganz Rëtsch spezifesch Logementsstrukturen op anere Plazen am Land.

Fir d’Aktivitéite vun der Fondatioun kënnen um Kräizbierg auszebauen, brauch dese Site awer souwuel eng gréisser Renovatioun wéi eng Adaptatioun an en Ausbau vun de besteeënden Infrastrukturen a Capacitéiten.

Dese Projet de loi geet u sech bis op d’Joer 2010 zréck, wou d’Fondatioun Kräizbierg dem Familljenan Integratiounsministère proposéiert hat, um Site vum Kräizbierg nei Infrastrukturen ze bauen an nei Ateliers protégés anzeriichten.

De Moment ginn do all Dag 112 Salariés à handicap opgeholl, wou nach 24 Schüler aus enger Berufsschoul derbäikomme souwéi och 26 Usagers vun engem Centre d’accueil de jour. 160 Persoune ginn do all Dag betreit. De Projet vun der Extensioun vun den Ateliere gesäit vir, 110 Postes de travail supplémentaires anzeriichten. 270 Persoune mat engem Handicap kéinten also all Dag do opgeholl ginn, wann dese Projet fäerdeggestallt ass.

Dee ganze Site huet bal 5 Hektar a begräift aktuell sechs Gebaier: déi al Residence vum Emile Mayrisch, de fréiere Pärdsstall, d’al Villa mat der Administratioun, d’Atelieren, d’Zären an déi fréier Dréckerei.

Déi besteeënd Gebaier ginn all sanéiert a renovéiert, ausser der fréierer Dréckerei an der Administratiounsvilla - déi ginn ofgerappt. Nei gebaut géife véier Gebaier: déi nei Atelieren, ee Verbindungsgebaai, dat soll d’Pärdsstáll an déi aktuell Ateliere baulech matenee verbannen, eng Stockagehal an eng temporaire Struktur an der Mëtt vum Site, déi just fir d’Dauer vum Chantier noutwendeg ass, fir déi besteeënd Gebaier kënnen eidel ze maachen. Zukünftegt Haaptgebaai respektiv representatiivt Gebai mat der Administratioun gëtt déi nei renovéiert Mayrisch-Residenz.

Erlaabt mer, och nach kuerz op e puer Detailer vum Projet anzegoen. Dee ganze Site an d’Gebaier ginn evidenterweis esou amenagéiert a matenee verbonnen, datt Persoune mat Handicap sech kënnen fräi an ongehënnert iwwert de Site deplacéieren. D’Aktivitéite vum Site gi während der Bauzäit vu véier Joer bäibehalen. De Projet setzt och op erneierbar Energien. D’Waarmwaasserproduktioun soll op Holzpellets baséieren. D’Gebaier ginn all per Nahwärmenetz un eng nei Chaudière ugeschloss. An et solle ronn 150 Kilowatt-Peak Fotovoltaikpannoen installéiert ginn.

Den Agencement vum ganze Site wäert liicht änneren. Et kënt e Shared Space an zwee nei Accèsen op de Site wäerte geschafe ginn, fir den Accès bei déi nei Atelieren a fir d’Livraisonne vu Wueren, lesswueren an esou weider, ze garantéieren.

D’Nettosurface an de Gebaier wäert och mat de geplangten Aarbechte vun aktuell 6.000 op ongeféier 12.000 Meterkaree verduebelt ginn. An d’Capacitéit a puncto Leit um Site, also fir d’Personal a fir d’Notzer respektiv fir d’Travailleurs handicapés wäert op ronn 444 eropgoen.

All weider technesch, urbanistesoch oder funktionel Detailer aus dem Dossier vum Projet wëll ech lech awer elo hei erspueren. Déi kënt Der a mengem schrëftleche Rapport an am deposéierten Dossier vun der Regierung noliessen.

Ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren a ginn och den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Ech soen dem Här Rapporteur Carlo Back villmools Merci a ginn d’Wuert un deen éischten ageschriwwene Riedner. An dat ass den honorabelen Här Aly Kaes.

#### ***Discussion générale***

■ **M. Aly Kaes (*CSV*)**.- Merci, Här President. Merci un den honorabelen Här Carlo Back fir de schrëft-

lechen a mëndleche Rapport. Deem ass net allze vill bäizefügen.

Ech mengen awer, datt ech ka soen, datt meng Fraktioun och dese Projet ganz gären ënnerstëtzt, well et hei erëm eng Kéier ëm eng bestëmmt Populatioun vun eiser Gesellschaft geet, wou et wichteg ass, datt mer och si beschtméiglech encadréieren. Dat ass ganz sécher an deenen adaptéierten an erweiderten Atelieren an Zukunft, wéi et elo grad vum Här Back gesot ginn ass, méiglech. Do wëll ech awer nach soen, datt d’Wunnstrukturen, déi op verschidene Plaze sinn, jo schonn adaptéiert gi sinn an datt et sech hei eenzeg an aleng natierlech - den Här Back huet et gesot - ëm Atelieren an ëm all dat, wat dozou gehéiert, handelt.

Ech mengen, datt ech dofir ganz gären den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet de loi ginn. Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kaes. Da ginn ech d’Wuert weider un den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d’Wuert.

■ **M. Max Hahn (*DP*)**.- Merci, Här President. Nom Debat virdrun iwwert d’Grand-Projet-d’infrastructure stëmme mer elo nach e weidere wichtege Infrastrukturprojet: d’Renovéierung an den Ausbau vun den Ateliere vun der Fondatioun Kräizbierg zu Diddeleng. Dëst ass méi wéi just e weidere Projet. Et ass e ganz wichtege Projet, dee mat ganz vill Spannung um Terrain och erwaart gëtt.

Am Virfeld vun den Diskussiounen war ech zesumme mat menger Kolleegin, dem Carole Hartmann, op Diddeleng op d’Plaz selwer, op de Kräizbierg, fir eis de Site unzekucken. Mir hunn d’Pläng an der Kommissioun presentéiert kritt, mir hunn d’Chiffere presentéiert kritt. Mir wollten awer nach eng Kéier op den Terrain goen, fir eis e Bild op der Plaz heivun ze maachen.

An, abee, ech kann lech soen, mir sinn op d’Plaz gaangen, fir Gebaier ze kucken, a mir hu Mënschen do fonnt! Mir ware komm, fir d’Atelieren ze kucken, fir eis de Site weisen ze loosse, den aktuellen Zoustand a wat do genau ännere soll, a mir hu virop Leit begéint, déi mat vill Freed a mat ganz vill Begeeschterung a Motivatioun do schaffen. An ech kann lech soen, dat huet eis wierklech beréiert.

D’Mataarbechter, déi mer do begéint hunn, souwuel déi mat enger Behënnerung wéi och déi ouni Behënnerung, déi engagéiere sech do mat Härz a Séil. An den Austausch, dee mir mat hinnen haten, war eng ganz, ganz grouss Freed a Beräicherung an huet mer sécherlech och an der Preparatioun vun deser Diskussioun vill gehollef. An ech wëll hinnen dowéinst nach eng Kéier villmools Merci dofir soen, dass mer déi Geleeënheet kruten.

Firwat, léif Kolleegen, ass dee Projet hei esou wichteg? Am Kader vun eiser Visitt op der Plaz ass eng Ausso gemaach ginn, déi ech wierklech ganz gutt fannen an déi de Sujet an en anert Liicht réckelt, wéi der vläicht vill hei driwwer denken. Et ass gesot ginn: „An enger idealer Welt géif et des Ateliere guer net ginn.“ Wéi ass dat ze verstoen?

Ma an enger idealer Welt sinn eis Infrastrukturen, eisen Aarbechtsmarché, d’Wunnengen esou konzipéiert, dass se accessibel fir jidderee sinn! Et ass net deen eenzelne Mënsch, dee behënnert ass. Et ass villméi esou, dass de Mënsch behënnert gëtt duerch säin Ëmfeld, duerch d’Aart a Weis, wéi eis Gesellschaft konzipéiert ass, dass verschidde Leit eeben ausgeschloss ginn, dass Barriären opgeriicht ginn, déi et hinnen net erlaben, um - ënner Guillemeten - „normale“ gesellschaftleche Liewen deelzehuelen.

An deem Sënn kann ee soen: D’Ëmfeld schaaft Behënnerung. A genausou kann d’Ëmfeld och Inklusioun schafen. Leider liewe mir net an enger idealer Welt! Mënsche mat enger Behënnerung sinn dacks nach ëmmer ausgeschloss an op speziell Strukturen ugewisen, wou hire spezifesch Besoine Rechnung gedroe gëtt.

Et ass eng vun de Prioritéite vun der Regierung, dass d’Inklusioun an eiser Gesellschaft och am Alldag gelieft gëtt. Sou gi grouss Efforte gemaach, fir Barriären ofzebauen an d’Accessibilitéit fir jidder-een ze garantéieren. En immens wichtege Schrëtt an déi Richtung ass dat neit Accessibilitéitsgesetz, dat mer den Donneschdeg wäerte stëmmen. Ech wëll deenen Diskussiounen net ze vill virgräifen, mee ech wëll just esou vill soen, dass dat eent mat deem aneren en direkte Lien huet an hei op méi Plaze muss geschafft ginn an och geschafft gëtt.

Här President, ech konnt mech op der Plaz vun der Noutwendegkeet vun deemem Projet iwwerzeegen. D’Gebaier plazen aus allen Néit. Et feelt u Stockageméiglechkeete fir Material, verschidde Beräicher si wierklech an iwwerhaupt guer kengem gudden Zoustand méi. Fir et an de Wieder vun enger Mataarbechterin mat Behënnerung ze soen, déi mer hei begéint hunn: „Et ass bal méi Plaz fir d’Maschinen am Atelier wéi fir d’Leit.“

D’Leit op der Plaz waarden op dese Projet mat Spannung, an dat och zanter enger Zäitchen. Tat-

sächlech ass schonn 2008 e Besoin fir weider Capacitéiten identifiziéiert ginn. Dir kënt lech also gutt virstellen, wéi d’Situatioun haut, also 13 Joer méi spéit, op der Plaz ass. D’Demande huet an där Zäit net ofgehoff, éischter am Géigendeel.

Dofir si mer als DP natierlech immens frou, dass mam Vott vun deemem Gesetzesprojet eng weider wichteg Etapp geholl gëtt, fir d’Situatioun um Terrain ze entlaaschten an nei Capacitéiten ze schafen. D’Capacitéite wäerten effektiv mat deemem Projet souguer verduebelt ginn. Et kommen nei Gebaier derbäi, nei Atelieren, nei Stockageméiglechkeeten. Déi bestoend Gebaier ginn zum Deel ofgerappt, zum Deel gi se sanéiert, woubäi och op d’Nohaltegkeet e ganz grouss Wäert geluecht gëtt. An dat kënnen mer natierlech just begreissen.

Ech brauch net méi op den Detail heivun anzegoen, well dat huet de Rapporteur op eng ganz flott Aart a Weis gemaach, de Carlo Back, deem ech dann op deser Plaz och gäre géif Merci soe fir seng zwee Rapporten, säi schrëftleche wéi och säi mëndlechen. An ech mengen, mir wieren eis alleguer heibannen eens, dass déi 49 Milliounen, déi hei investéiert ginn, ganz gutt investéiert ginn.

Dëst gesot, léif Kolleeginnen a Kolleegen, soen ech lech Merci fir d’Nolauschteren an ech ginn dann hei och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- An ech soen dem Här Max Hahn villmools Merci a ginn d’Wuert weider un den Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d’Wuert.

■ **M. Dan Biancalana (*LSAP*)**.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech huelen dann haut fir eis Fraktioun Stellung zu deemem Projet de loi iwwert d’Finanzéierung vun der Renovatioun a vum Ausbau vun de Gebaier vum Kräizbierg zu Diddeleng; de Kräizbierg, e Lieu de mémoire.

D’Baumoosnamen an hiren Zweck, déi si jo scho vum Rapporteur, vum Carlo Back, erkläert ginn. An ech wëll him och hei vun deser Plaz aus Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Wann den Numm „Kräizbierg“ haut mat der Fondatioun mam selwechten Numm associéiert gëtt, huet de Kräizbierg awer schonn eng besonnesch Roll gespillt, ier déi aktuell Atelieren do waren a respektiv och deenen Ausbau stattfënn. D’Geschicht vum Kräizbierg ass enk mat där vun der Stolindustrie verbonnen. Um Site stoung nämlech vun 1912 un d’Residenz vun der Famill vum Emile Mayrisch. An hie war jo säit 1897 Direkter vun der Schmelz zu Diddeleng a sollt jo och spéider bekanntlech Generaldirekter vun der ARBED ginn, déi hir Wéi zu Diddeleng huet.

An der Villa vun der Famill Mayrisch ass awer net just iwwer Eisen a Stol geschwat ginn, mee et war och e Lieu, wou iwwert d’Literatur an d’Konscht geschwat gouf. A keen anere wéi d’Aline Mayrisch huet och eng ganz Rei franséisch Schrëftsteller op de Kräizbierg komme gelooss, notamment den André Gide, wou de Cercle de Colpach och gegrënnt gouf. A wéi och natierlech d’Famill Mayrisch 1920 op Kolpech geplënnert ass, sollt och iwwert deen dote Wee en neit Kapitel kënnen opgeschloe gi fir effektiv de Kräizbierg, mat enger sozialer Ausrichtung, déi e bis haut nach gehalen huet.

Den 1. Februar 1921 ass um Site eng „Maison des enfants“ opgaangen, dat Ganzt ënnert der Leedung vun der ARBED an der Gesellschaft Terres-Rouges, soudatt d’Kanner vum Personal vun deenen zwou Gesellschaften do betreit gi sinn. Dës Struktur war fir Kanner vu schwacher Konsistenz geduecht respektiv déi a Konvaleszenz waren oder nach deenen hir Elteren eng uestiehend Krankheet haten. An et war ganz oft d’Tuberkulos.

No an no ass awer och de Site weiderentwéckelt ginn. Et gouf e Sanatorium gebaut an och e Quarantäengebaai - ech mengen, en Term, deen haut erëm ganz aktuell ass - fir eeben déi Kanner, déi Tuberkulos haten, awer och ab 1938 eng Zort Schoul an och e Gebai, fir Puppelcher opzehuelen.

1921 an 1922 sinn 276 Kanner um Kräizbierg betreit ginn, virun allem weéinst Tuberkulos. Dank awer de Fortschrëter vun der Medezinn an effektiv och engem bessere Liewensstandard huet och erëm e Wiessel stattfonnt. Also ass de Site 1977 zougemaach ginn, mee 1978 iwwerholl gi vun der Ligue pour l’aide aux infirmes moteurs cérébraux, an dat mat Hëllef vum Staat, dee jo de Site opkaaft huet. An effektiv, du sollt dat nächste Kapitel an der Geschicht vum Kräizbierg geschriwwen ginn.

Eng Schoul an Ateliere fir Persoune mat Behënnerung sinn no an opgeriicht ginn. 1994 ass dann d’Fondatioun Kräizbierg, esou wéi mer se haut kennen, gegrënnt ginn. An effektiv, haut ass jo dann de Moment komm, fir e weidert Kapitel an deser Geschicht ze schreiwen. Sou huet awer och 2015 punktuell - punktuell - de PAG vun der Stad Diddeleng missen ëmgeännert ginn, fir grad deenen Ausbau vun den Atelieren hei um Kräizbierg ze erméiglechen. Deemools ass een awer och nach do-





vunner ausgaangen, datt de Projet ënnert dem Seuil vun deene 40 Milliounen Euro wär, an den Diskussiounen, déi mer mat de Responsabelen a mam Ministère haten. En huet awer weider evoluéiert, sou datt haut hei eng Enveloppe virläit vun 49 Milliounen Euro, fir an dëse Site ze investéieren.

Dat ass gutt investéiert Geld, well mer jo weiderhin déi Efforte verfollegen, fir zu enger méiglechst inklusiver Gesellschaft ze ginn. Dat geet nëmmen, wann och jiddwerengem kann eng sënnvoll Aktivitéit an och domadder eng Perspektiv gebuede ginn. An ech mengen, dat fënnt um Site vum Kräizbierg ganz kloer statt. Déi Leit, déi do beschäftigt sinn a ginn, an awer och hir Familljen effektiv droen dozou bäi, datt si en Deel vun dëser Gesellschaft sinn.

Et muss een awer och soen, duerch déi grouss Ouverture, duerch dat villt Engagement, dat de Kräizbierg huet, huet en haut och eng ganz grouss Beléiftheet, well vill Ministère, vill Gemengen, vill Veräiner, vill Privatleit op seng Servicer, op seng Atelier-protégéen zréckgräifen. An dat steet am komplette Géigesaz zum Ursprong vum Kräizbierg, well deemools war d'Villa vum Direkter Mayrisch, trotz sengen Aktivitéiten, komplett ofgeschott vum Rescht vun der Stad Diddeleng. An net nëmmen dat! De Site en tant que tel war guer net bis ganz weíneg visibel an och guer net esou einfach accessible, wéi dat haut de Fall ass. Also zwou verschidde Realitéiten.

Um Kräizbierg, wou haut also dagdeeglech bis zu 160 Persounen empfaange ginn, ginn effektiv hei Konditiounen geschaaft fir 110 méiglech nei Leit, déi kënnen dohinnergoen. An domadder erfëllt de Kräizbierg iwwer seng lokal Roll wäit eraus awer och eng regional an national.

A wat, mengen ech, zum Schluss och nach hei ervirzesträichen ass: de Kräizbierg, e Lieu de mémoire. Mir hunn do eng Villa, déi um Inventaire supplémentaire ass, déi en Temoin ass vum Jugendstil, vum Art Nouveau. Och hei gëtt dra renovéiert an ech mengen, och dat ass e ganz, ganz positiivt Zeechen.

An dofir bréngen ech hei den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Biancalana. An deen nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Semiray Ahmedova (déi gréng)**.- Merci, Här President. Ech mengen, den Accord ass scho vu menger grénger Fraktioun gi ginn. Mee ech wollt awer e puer Wuert dozou soen, als gudden Diddelenger.

De Kräizbierg ass net nëmmen eis Diddelenger e Begrëff, mee dem ganze Süden, fir net ze soen dem ganze Land, an zwar net oder net nëmme weínt

dem flotten Areal mat sengem grouse Sequoia-Bam a sengen historesch gespräagte Gebaileckeeten, déi eng enk Relatioun natierlech mat eiser Kultur hunn a mat eiser Geschicht vun der Stolin-dustrie a vum Stolwierk verbonne sinn. Dee ganzen Areal huet nämlech emol der ARBED gehéiert an d'Haaptvilla gouf deemools fir den Direkter vun der ARBED, den Här Emile Mayrisch, gebaut, bis datt si op Kolpech geplënnert sinn.

D'Famill verléisst Diddeleng 1920 an d'Haus gouf duerno ëmgewandelt an e Kannerheem. Dëst Heem huet ursprénglech physesch schwaach Kanner opgehall a gouf du spéider ausgebaut, fir och weider tuberkuloskrank Kanner kënnen opzehuelen. Dëst Kannerheem gouf eréischt 1977 zougemaach, an de Site huet dee Moment nach ëmmer der ARBED gehéiert. E gouf weiderverkaaft un d'Ligue pour l'aide aux infirmes moteurs cérébraux, ofgekierzt Ligue IMC.

Mat Hëllef vum Staat gouf dunn den Zentrum fir beruflech Reeducatioun fir Leit mat kierperlecher Behënnerung hei gegrënnt an 1979 eng Berufsschoul och fir déi selwecht Leit opgemaach. Aus dëser Ligue IMC ass dunn 1982 fir d'éischt d'„Fondation IMC Kräizbierg“ ginn an zënter 1994 heescht et just nach „Fondation Kräizbierg“. An ech mengen, mir kennen dat och esou haut.

An et ass haut virun allem weínt dëser Fondatioun hiren Aktivitéiten, wou de Site Kräizbierg eng wichteg Fonctioun fir eis Gesellschaft erfëllt, am ganze Land bekannt ass an och zu engem wichtege a ganz positiven Aushängeschëld fir eis Stad Diddeleng ginn ass. D'Aktivitéitsfeld vun der Fondatioun Kräizbierg a speziell och hir Atelier-protégée bidden eng richteg an eng wichteg Plus-value fir vill Jonker an Erwuessener mat Handicap, awer och fir hir Familljen an hiren Entourage.

D'Ateliere Kräizbierg sinn net nëmmen eng Aarbechtsplaz an e kreativen Uert, mee si bidden eng sënnvoll Ausbildung a Beschäftegung, wou een och derfir bezuelt gëtt, a virun allem si se och eng Plaz vun der Inklusioun a vun der Gemeinschaft mam Zil, de betraffene Persounen eng méiglechst wäitgeeënd Integratioun an d'Berufsliewen unzebidden. Momentan gëtt et zum Beispill Atelieren am Beräich Dréckerei, Multimedia, Gäertnerei, Keramik, awer och an der Kontabilitéit, fir der nëmmen e puer ze nennen.

De Kräizbierg bitt dofir niewent enger grousser Diversitéit vun Atelieren och den néidege psychosozialen a medezinneschen Encadrement. Dank der gudder Aarbecht vum Kräizbierg, dank der inklusiver Formatiounsoffer, de spezifesche Foyeren an de Logementer, déi d'Fondatioun op méi Plazen am Land geréiert, an natierlech och dank der Prise en charge iwwert den Dag vu Persoune mat Polyhandicap, fir déi d'Ateliere vläicht heiansdo net a Fro kommen, gëtt hei ganz ville Leit mat Handicap erlaabt, méi aktiv un der Gesellschaft deelzehuelen.

An et ass mir immens wichteg, datt mer dëse Matmënschen hir Aarbecht an Efforte wäertschätzen a si och valoriséieren. Nëmmen esou kënnen mer eng Verbesserung vun hire Liewensbedéngungen an hirer Liewensqualitéit an eng sozial Inklusioun erreechen. Et geet mat dësem Projet haut de Mëten also indirekt och ganz grondsätzlech ëm d'Förderung vum Respekt a vun der Dignitéit vun deene behënnerte Leit hei zu Lëtzebuerg.

D'Offer u Méiglechkeeten ass iwwert d'Jore stänneg ausgebaut ginn an dat soll och weider an déi Richtung goen. Dofir brauch de Site eng gréisser Renovatioun an en Ausbau, fir aner Capacitéite kënnen opzehuelen. A genee dat erreeche mer haut de Mëten, andeems mer dëse Projet de loi natierlech matvotéieren.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Madamm Ahmedova. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen.

■ **M. Jeff Engelen (ADR)**.- Merci, Här President. Ech wëll am Numm vun der ADR dem Här Carlo Back en häerzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, vu menge Virriedner ass alles gesot, vum Historique bis zur Zilsetzung, wat alles soll do gemaach ginn. Mir begreissen dee Projet an ech bréngen duerfir d'Zoustëmmung vun der ADR zu dësem Projet. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Engelen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister fir ëffentlech Aarbechten, den Här François Bausch.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**.- Merci, Här President. Ech wëll hei och dem Rapporteur Merci soe fir dee gudden mëndlechen a schrëftleche Rapport, an och allen Deputéierten, déi ënnerstrach hunn, datt dat hei e ganz wichtege Projet ass fir eng agesiessen an awer ganz wichteg Institutioun am Süde vum Land, déi an deem ganze soziale Beräich do eng extreem wichteg Aarbecht leescht. An duerfir sinn ech frou, datt dee Projet haut ka gestëmmt ginn. Merci!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7843. Den Text steet am Document parlementaire 7843<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7843 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Mir kommen elo zum Vote par pro-

curation. Et feelen der nach e puer. Elo ass de Vott ofgeschloss.

De Projet de loi 7843 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmegeg uegholl.

■ **Une voix**.- Nee, nee, et kann net sinn, ech hat der jo zwee, déi net ...

**(Concertation interne)**

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmme bei kenger Géigestëmm uegholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7843 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen (par M. Jean-Paul Schaaf), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Marc Lies), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Georges Mischo), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Guy Arendt (par M. Gusty Graas), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Georges Engel), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen (par M. Sven Clement) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënt muer de Mëten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

**(La séance publique est levée à 18.48 heures.)**



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Interpellation de M. Serge Wilmes au sujet du bien-être chez les enfants

- Exposé : M. Serge Wilmes (interventions de M. Fernand Kartheiser, M. Mars Di Bartolomeo et M. Gilles Roth) (dépôt des motions 1 à 4)

- Débat : Mme Françoise Hetto-Gaasch

### 3. Dépôt d'une proposition de loi par Mme Françoise Hetto-Gaasch

- Exposé : Mme Françoise Hetto-Gaasch

### 4. Interpellation de M. Serge Wilmes au sujet du bien-être chez les enfants (suite)

- Débat (suite) : Mme Françoise Hetto-Gaasch - M. Gilles Baum - Mme Simone Asselborn-Bintz - Mme Djuna Bernard - M. Fred Keup - M. Gilles Baum (dépôt de la motion 5) - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen - Mme Francine Closener

- Prises de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse - Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration - Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé - Mme Myriam Cecchetti (parole après ministre) - M. le Ministre Claude Meisch

- Motion 1 : M. Gilles Baum - M. Marc Goergen

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

- Motion 2 : M. Gilles Baum - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse - M. Sven Clement (intervention de M. Marc Goergen) - M. Serge Wilmes - M. Fred Keup - M. le Ministre Claude Meisch (intervention de M. Sven Clement)

- Vote sur le renvoi de la motion 2 en commission (adopté)

- Motion 3 : M. Gilles Baum - M. Serge Wilmes

- Vote sur le renvoi de la motion 3 en commission (adopté)

- Motion 4 : M. Gilles Baum - M. Serge Wilmes - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Vote sur le renvoi de la motion 4 en commission (adopté)

- Motion 5 : M. Fred Keup - M. Serge Wilmes - M. Sven Clement

- Vote sur la motion 5 (adoptée)

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen et Mme Paulette Lenert, Ministres.**

**(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)**

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration**.- Nee, dat ass net de Fall, Här President.

### 2. Interpellation de M. Serge Wilmes au sujet du bien-être chez les enfants

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Deen eenzege Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëten ass d'Interpellatioun vum Här Serge Wilmes iwwert d'Wuelbefanne vun de Kanner. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. An et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch, den Här Gilles Baum, d'Madamm Francine Closener, d'Madamm Djuna Bernard an den Här Fred Keup, den Här Marc Goergen an d'Madamm Simone Asselborn-Bintz. An d'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorabelen Här Serge Wilmes. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

■ **M. Serge Wilmes (CSV), interpellateur**.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen: „Wann et de Leit gutt geet, da geet et och dem Land gutt“, dat war d'Konklusioun vun onser Debatt, déi mer am Januar/Februar d'lescht Joer iwwert de PIBien-être hei an der Chamber zesumme gefouert hunn.

Am Mëttelpunkt vun der Politik soll de Mënsch stoen, ons Matbirger an hir Besoinen, hire Bien-être, hiert Wuelbefannen, an net aleng de wirtschaftleche Wuesstum, d'Quantitéit. Dat soll op

d'mannst net deen eenzege Krittär sinn, mat deem mer moossen, wéi et ons geet, well en net alles ausseet.

Mir waren ons eens, datt de PIBien-être soll méi benotzt ginn, fir Politik ze maachen, fir d'Wuelbefanne vun onse Matbirger, ons all ze stäerken. Dat war kuerz éier d'Coronapandemie an Europa ukomm ass. An dës Kris huet ons u sech brutal virun Ae gehalen, wéi wichteg onst Wuelbefannen, d'Qualitéit vun onsem Liewen ass, besonnesch ons Gesondheet an och déi mënschlech Kontakter, d'gesellschaftlecht Liewen, d'Zesummeliewen, d'Zesummenhalen.

D'Notioun vu Wuelbefanne krut Réckeward, eng nei Dimensioun doduerjer.

Um europäeschen Niveau huet de Charles Michel, de President vum Europäesche Rot, dëse Mee um Sommet zu Porto d'Bedeutung vum Bien-être fir d'Europäesch Unioun betount. En huet gesot: « La boussole européenne est le bien-être de chaque citoyen. »

Wéi staark onst Wuelbefanne vun der Pandemie beträff ass a wie vun ons ganz besonnesch dovunner getraff ginn ass, dat weisen e puer Etüden: am November d'lescht Joer de Statec mat sengem aktualiséierte Rapport iwwert de PIBien-être, dëst Joer eng Rei Etüden, eng vun der Uni Lëtzebuerg an eng vun der Unicef, iwwert d'Konsequenze vum Covid op d'Kanner, a virun zwou Wochen de Rapport vum Charel Schmit, dem Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher. Et ass nämlech virun allem de Bien-être vun de Kanner an deene Jonken, deen d'Pandemie am meeschte getraff huet.

Natierlech hat keen Erfahrung am Ëmgang mam Virus. An natierlech huet och misse séier reagéiert ginn. An natierlech huet och jiddweree säi Beschtmemaach. An engems hunn d'Kanner an déi Jonken héije Präis bezuelt, fir datt mer als Gesellschaft de Coronavirus an de Grëff kréien. An och bal zwee





Joer duerno impaktéiert de Virus hiert jonkt Liewen nach ëmmer ganz staark.

Kuckt emol eng Kéier, aleng wivill Kanner a Jonker elo grad nees mussen a Quarantän respektiv Isolatioun goen, Tester matmaachen, Masken undoen, well d'Zuel vun de positive Fäll nees amgaangen ass, an d'Luucht ze goen an net genuch Erwuesse-ner sech impfe loossen an domadder deene vulne-rabelste Persounen aus onser Gesellschaft - an dozou gehéieren d'Kanner an déi Jonk - hiert Liewen nees schwéier maachen.

An dobäi gouf hiert Wuelbefannen, hir Entwécklung schonn déi leschten 19 Méint duerch physesch Distanz an allgemeng d'Limitatioun vun de Kontak-ter, datt se eng ganz Zäitche souguer bis op hir Elteren, Geschwëster soss keng Familljemembere konnte gesinn, immens gratf.

Sozial a psychotherapeutesch Servicer ware während der Pandemie net esou disponibel wéi vir-drun. D'Kris huet déi sozial Inegalitéiten tëschent de Kanner nach verstärkt. Kanner, déi scho virun der Kris a prekäre Situatiounen geléift hunn, waren der Kris nach méi staark ausgesat. Besonnesch Kanner, déi an Heemer a Fleegefamillje wunnen, konnte während dem Confinement zum Beispill guer kee Besuch vu bausse méi kréien.

Bei deene Jonken allgemeng schwätzt den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher a sengem Rapport souguer vun enger kollektiver Erfahrung vu massivem Verloscht un Autonomie.

**(Brouhaha)**

Här President, kéint Der soen: „E bësse méi roueg!“?

■ **M. Fernand Etgen** (*Président*.- Hei wannechgelift, d'Sitzung ass schonn amgaang! Ech wëll lech just dorobber hiweisen. An da wier et och gutt, wann et e bësse méi roueg heibanne wier.

■ **M. Serge Wilmes** (*CSV*), *interpellateur*.- Villmools merci! Well ech mengen, de Sujet huet dat wirk-lech verdéngt!

An engems gëllen déi meescht vun dese Constaten och scho fir déi Zäit virum Covid. Wichteg ass et nämlech, net alles op de Virus an den Ëmgang domadder ze reduzéieren. Et ass eng Welt virdu ginn an et wäert och eng Welt duerno nees ginn.

Esou huet sech ons Gesellschaft an deene leschte Joerzéngte schonn immens verännert. An déi Verännerung huet eppes mat onsem Liewen an deem vun onse Kanner, de Jonken, gemaach. Dobäi gi mer ons als Land, als Gesellschaft jo gäre kan-nerfrëndlech. Mee si mer dat och wierklech? Op den éischte Bléck vläicht. Et gëtt hei zu Lëtzebuerg vill gemaach fir d'Kanner, fir déi Jonk. Et gëtt vill Strukturen, Hëllef, engagéiert a gutt ausgebild Personal, fir sech ëm ons Kanner a Jonker ze bekëm-meren, si ze begleeden, hinnen an hiren Elteren ze hëllefen.

Op den zweete Bléck gesäit d'Situatioun allerdéngs manner gutt aus. Déi selwecht Persounen, déi an hirem Alldag mat Kanner a Jonken ze dinn hunn, wéi Enseignanten, Educateuren, Kannerdokteren, Psychologen, Psychotherapeuten an natierlech och déi meescht Elteren, kréien all Dag mat, wéi vill Kanner ewell leiden a Problemer hunn. De Verband vun de Kannerdokteren zum Beispill war ufanks 2020, also nach virun der Coronakris, immens beonrouegt, wollt eng ëffentlech Konferenz, eng Debatt organiséieren. Beonrouegt, well déi grouss Verännerung vun onsem Liewen déi lescht 20 Joer onse Kanner net guttdeet.

De Constat, dee se gemaach hunn, ass deen hei: Ëmmer méi Kanner wuessen net gutt op. Ëmmer méi Kanner hu Stéierungen an hirer Entwécklung. Ëmmer méi Kanner mussen wéinst Verhalensproble-mer bei de Kannerdokter, Logoped, Psycholog, Psychomotoriker, Psycho- oder Ergotherapeut. Si si gestresst, kënnen sech net méi konzentréieren, hu Problemer mam lessen, Iwwergewicht, der Sprooch, der Motorik, schlofen net gutt, ginn hir Energie net lass, kréie se net kanaliséiert, sinn iwwerstimuléiert, hu keng Zäit fir ze raschten, fir ze spillen oder fir sech emol ze langweilen.

**(Brouhaha)**

Onse Kanner gëtt och net méi genuch noge-lauschtert. Déi meescht vun hinne sinn ewell an der Woch vu moies bis owes fort vun doheem, ënner-wee. Si ginn ëmmer méi zu passive Konsumente vun engem Programm, dee moies um 7.00 Auer ufänkt an owes um 7.00 ophält.

Bei dëst Ganzt kënnt awer déi paradoxal Situatioun derbäi, datt ons Kanner haut zwar ganz vill sozial Relatiounen hunn, awer bal keng fest Relatiounen, keng sozial Stabilitéit méi hunn.

Der Unicef no ass all véiert Kand hei am Land net zefridde mat sengem Liewen. D'Unicef seet och, datt mer als Gesellschaft mol fir d'éischt akzep-téiere mussen, datt verschidden Zuelen, déi ons Kanner an déi Jonk betreffen, esou schlecht sinn! Soss kënnen mer och näischt drun änneren.

Wat sinn d'Ursaache fir dës generell Problemer? Datt sech d'Relatioun tëschent den Elteren a Kanner dra-

matesch verännert huet. An hei si sech ewell déi meescht Experten eens: Et gëtt kaum nach Kanner, déi déi éischt Jore vun hirem Liewen doheem an der Famill grouss ginn. Meeschtens ginn - a mussen dat - d'Elteren allen zwee schaffen an d'Kanner sinn dee ganzen Dag a Strukture baussent hirer Famill, soss kréien déi meescht Elteren net méi alles ënnert een Hutt. Konkreet bedeit dat, Aarbecht a Famill ënnert een Hutt bréngen, wat natierlech enorme Stress, enorm Flexibilitéit, Organisatioun vun den Eltere ver-laangt a si vill Zäit an Energie kascht - Zäit an Ener-gie, déi si awer net méi hu fir hir Kanner.

An derbäi kënnt dann och nach d'Omnipresenz an den iwwerméissege Konsum vun den neien Techno-logien, déi zum groussen Deel en negativen Impact op onst a virun allem och onse Kanner, onse Jonken hiert Liewen hunn.

All dës sozial an technologesch Verännerunge ginn op d'Käschte vun der Qualitéit vun der Relatioun tëschent Elteren a Kanner, vun onse Kanner hirem Bien-être, vun hirer Entwécklung.

Wat maache mer als Politik? Mir versichen nach allze dacks, d'Kandheet esou ze organiséieren, datt se de Besoine vun ons, deenen Erwuessenen, gerecht gëtt. Méi wichteg wier et awer, datt mer ons froen, wéi mer eis als Gesellschaft organiséie-ren, fir datt d'Grondbesoine vun de Kanner befrid-degt sinn, si hir sozial Kompetenzen entwéckelen, hiert Potenzial entfalen a staark Perséinlechkeete kënnen ginn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Serge Wilmes** (*CSV*), *interpellateur*.- An dofir, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mussen mer d'Kanner an de Mëttelpunkt vun onser Politik setzen, wa mer wierklech eng gesond, eng stabill Gesellschaft wëlle bleiwen, wa mer wierklech eng Zukunft wëllen hunn. Well d'Kanner si jo ons Zukunft! Esou gëtt emol op jiddwer Fall ëmmer gesot.

Ëmmer méi vun onse Matbierger maache sech awer Gedanken ëm d'Zukunft vun de Kanner. Am leschte Politmonitor hunn 61 % vun deenen, déi gefrot gi sinn, sech Gedanken ëm d'Zukunftschancë vun onse Kanner gemaach. Dat ass ewell déi zweet Prioritéit fir ons Matbierger.

Mir schwätzen hei vun engem Sechstel vun onser Bevëlkerung! Ronn 134.000 Kanner a Jonker tëschent 0 an 19 Joer wunnen zu Lëtzebuerg laut dem Statec sengen Zuelen, sinn also alles anescht wéi eng Quantité négligeable. Ganz am Géigendeel!

An dofir, an dat ass awer och ganz wichteg ze betounen, begréisze mir et och absolutt als CSV an dat ass fir ons e ganz grouse Schrëtt no vir, datt d'Kannerrechter endlech an d'Verfassung stoe kom-men, ...

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Serge Wilmes** (*CSV*), *interpellateur*.- ... iwwer 30 Joer nodeems mer d'UNO-Konventioun vun de Kannerrechter matënnerschriwwen hunn. Am Kapi-tel 2 vun der Verfassung iwwert d'Rechter an d'Fräi-heete wäert am Artikel 11 ënnert anerem drastoe kommen: « L'État veille à faire bénéficier chaque enfant de la protection, des mesures et des soins nécessaires à son bien-être et son développe-ment. »

**(Brouhaha)**

■ **Une voix**.- Et ass net méi dran?

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Dat ass dat, wat geännert huet.

■ **M. Serge Wilmes** (*CSV*), *interpellateur*.- Ass dat net méi dran?

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Dat ass geännert ginn.

■ **M. Serge Wilmes** (*CSV*), *interpellateur*.- Ass dat erausgehol ginn?

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Et ass net dee leschten Text.

**(Brouhaha et interruptions diverses)**

■ **Une voix**.- D'Iddi ass dran.

**(Interruptions)**

■ **M. Serge Wilmes** (*CSV*), *interpellateur*.- Dann hunn ech net déi aktuellst Versioun. Mee bon, wann d'Iddi dran ass, dat ass dat Wichtegst op jiddwer Fall. Merci.

**(Brouhaha)**

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Et sinn e puer Reporteren, si hunn nach eppes Besseres fonnt!

■ **M. Serge Wilmes** (*CSV*), *interpellateur*.- Ech hu mech un den Text gehalen, deen op dem Chamber-déngte stoung.

■ **M. Gilles Roth** (*CSV*).- Dat ass guer kee Problem, et ass alles an der Rei.

■ **M. Serge Wilmes** (*CSV*), *interpellateur*.- Op jiddwer Fall ass et e grouse Schratt no vir, datt déi Rechter drakommen an datt mer ...

**(Interruption)**

... ganz kloer och domadder de Kanner e Recht ginn, sech kënnen ze entwéckelen, an op hiert Wuelbefannen.

■ **Une voix**.- Très bien! Et ass genau dat!

■ **M. Serge Wilmes** (*CSV*), *interpellateur*.- Voilà. Ech mengen, dat ass et, wat d'Essenz ass vun deem Text, wou mer eis jo och sollen alleguerten driwwer eens sinn, well wéi fir all Mënsch ass eeben och hire Bien-être, hir Liewensqualitéit e wichtegt Zil u sech. D'Kanner mussen sech unerkannt, berücksich-tegt an ënnerstëtzt spieren, fir kënnen positiv Erwaardungen ze entwéckelen, Erwaardungen u sech selwer an un dat, wat se am Liewe maachen.

D'Kannerrechter an d'Verfassung ze schreiwen ass wuel ee Schrëtt, mee dat geet natierlech aleng nach net duer, well doraus ergëtt sech da virun allem och eng Verflchtung: eng Verflchtung vum Staat, fir alles ze maachen, fir datt dës och garantéiert ginn. An do bleift awer nach vill Loft no uewen, wann ee bedenkt, datt aleng d'Notioun vum Bien-être, dem Wuelbefannen am Allgemengen an dem PIBien-être als Instrument, fir et ze moossen, emol nach net iwwerall am politeschen Alldag ukomm sinn.

Mir bedauern et zum Beispill als CSV immens, datt, nodeems mer, wéi ech hei virdru gesot hunn, ufanks 2020 an der Chamber eis alleguerten eens waren iwwert d'Bedeutung an den Notze vum Bien-être a vun engem PIB vum Wuelbefannen, dës gläichzäiteg an der wichtegster politescher Ried vum Joer feelen! An dat ass se, dem Premier-minister seng Ried zur Lag vun der Natioun, et ass déi wichtegst vum Joer. Eng Ried, déi en am Numm vun der ganzer Regierung, der ganzer aktueller Par-lamentsmajoritéit mécht. An an där Ried gëtt nach ëmmer kee Wuert gesot iwwer eng nei Approche, fir net all politesch Mesure aleng um PIB ze orientéie-ren, mee och a ganz besonnesch um Moosse vum Bien-être vun onse Matbierger.

Op d'mannst sot de Premierminister dëst Joer op enger Plaz: „D'Wuelbefanne vun eise Kanner däerf eis net egal sinn.“ Dat ass en Ufank - mee éischter e ganz bescheidenen Ufank vun engem Ufank! An et ass nach e ganz gutt Stéck ewech vu Proposen, déi och vu Majoritéitspolitiker gemaach gi sinn, wéi dem Kolleg Yves Cruchten, deen d'Wuelbefanne vun onse Matbierger an de PIBien-être, fir dëst ze moossen, absolutt zu Recht an de Mëttelpunkt vu sengem Budgetsrapport fir d'Joer 2020 gesat hat.

A fir et nach eng Kéier mat enger anerer Stëmm op de Punkt ze bréngen, ëm wat et geet: « La dégrada-tion de la qualité de vie résulte du primat du quanti-tatif dans l'organisation et la conduite de notre société, donc de nos vies, où le calcul traite comme objet mesurable tout ce qui est humain et, aveugle à tout ce qui est individuel, subjectif et passionnel, ne voit que PIB, statistiques, sondages, croissance économique. Je pense [...] que la convivialité est un élément capital de la qualité de vie », schreift zum Beispill de franséische Philosoph a Soziolog Edgar Morin dëst Joer a sengem neiste Buch.

Mir brauchen also endlech en neie Primat vum Qualitativen, iwwert dat rengt Quantitatiivt, vun deem, wat de Mënsch wierklech ausmécht a wat e frou an net krank mécht, virop bei eise Kanner a Jonken.

Ons Kanner an ons Jonk sinn awer nach ëmmer déi grouss Onbekannt, well mer ganz wéineg Donnéeën iwwer si hunn, déi ons soen, wéi et hinne wierklech geet. Eng Aschätzung, déi vum Statec-Direkter gedeelt gëtt, well och am aktuelle PIBien-être gëtt et u sech keng Indicateuren, fir de Bien-être vun de Kanner respektiv deene Jonken ze moossen. Déi feelen do nach.

Et ass awer och e Constat, dee vun aneren Acteure gedeelt gëtt, wéi dem OKaJu, der Unicef oder der Universitéit. Ouni konkreet a fiabel Donnéeë wësse mer éischstens net, wéi dat objektiivt an dat subjek-tiivt Wuelbefanne vun de Kanner a Jonken ass, an zweetens wësse mer net, ob déi eenzel politesch Mesuren, déi do scho geholl gi respektiv déi misste geholl ginn, d'Wuelbefanne vun de Kanner a Jonke stärkeren oder net. Esou politesch Mesurë kënnen dem Zil awer nëmme gerecht ginn, wa se sech op zolidd Donnéeë stäipen.

Fir d'OECD, déi zënter Jore grouss Efforte mécht, fir mat Hëllef vu Recherchen Indicateuren, Recomman-datiounen de Bien-être vun den Awunner vun hire Memberlänner an de Mëttelpunkt vun der Politik ze setzen, mussen dës Donnéeën déi verschidden Aspekter an Dimensionsone vum Wuelbefanne vun de Kanner belichten, dat heescht déi physesch a men-tal Gesondheet, sozial, emotional, kulturell Aspek-ter, d'Léieren, d'schoulesch Resultater, d'materiell Situatioun. Si mussen de Liewenskader vun de Kanner berücksichtegen, wéi d'Famill, d'Schoul, d'sozial Kontakter, d'Plaz, wou se wunnen a liewen, an hirer Entwécklung an domadder hirem Alter, de verschiddenen Etappe vun der Kandheet an de spezifische Besoinen, déi dorunner hänken, Rech-nung droen an d'Meenungen an d'Perspektive vun de Kanner berücksichtegen.

Zu Lëtzebuerg gëtt et wuel e puer Etüden iwwert d'Kanner an déi Jonk, wéi déi zum Beispill, déi ech scho genannt hat, vun der Unicef, vun der Uni.lu oder déi vum LISER, déi amgaangen ass, gemaach ze ginn. Mee och dës ginn net duer, fir am Kader vum PIBien-être Indicateuren ze schafen, mat deene mer kënnen de Bien-être vun de Kanner da moossen. Do mussen nach neier derbäikommen a si mussen virun allem alleguerten och da reegelméisseg gemaach a vum Staat och ënnerstëtzt ginn.

An dat ass ons éischt grouss Recommandatioun un d'Regierung: sech dann och déi Moyenen ze ginn, fir datt déi Donnéeë kënnen gesammelt ginn, Etüde gemaach ginn an datt mer op Basis dovunner och kënnen Indicateure schafen, déi an de PIBien-être afléissen an déi d'Wuelbefanne vun de Kanner an deene Jonken dann och kënnen moossen.

Wou awer fänke mer u mat dem Bien-être vun de Kanner? Et ass wëssenschaftlech bewisen, datt et wichteg ass, bei Kanner vu Klengstem un e stabillt Fundament opzebauen, well et schonn zu deem Moment och ka sozio-emotional Detressé ginn. Dofir mussen mer fir ons als CSV den Akzent op d'Petite enfance, also de Klengkannerberäich, leeën: déi éischt 1.000 Deeg, vun do un, wou d'Elteren d'Kand nach erwaarden, a bis zum drëtte Liewensjoer.

Haut wësse mer, datt déi dräi éischt Joer vum Liewen net nëmmen entscheidend si fir d'Ent-wécklung vum Kand, mee och vu senger Gesondheet, senger Perséinlechkeet als Erwues-senen, deen et enges Daags wäert sinn.

D'Unicef huet dofir 2017 d'Konzept vun den 1.000 éischten Deeg lancéiert. Et geet drëms, dat besché Ëmfeld fir d'Kand a seng Elteren ze schafe fir d'Zäit vun der Schwangerschaft, der Gebuert an de Joren duerno, d'Wuelbefanne vun der Famill ze ver-besseren, ze stäerken, also all Kand dee beschten Depart an d'Liewen ze bidden.

Zu Lëtzebuerg hunn d'Mammen d'Chance, datt se virun, während an no der Gebuert medezinnesch gutt versuergt ginn an datt e ganz enke Suivi gemaach gëtt. Et gëtt och nach niewendru vill Offere während der Schwangerschaft, wou een als Mamm, als Eltere begleet a preparéiert gëtt. Et ass awer fir vill Eltere ganz schwéier, sech en Iwwerbléck iwwert déi ganz Hellewull vun Offeren ze verschafen, déi et gëtt. Et gëtt net wierklech eng kohärent Approche, keng zentraliséiert Offer. Versicht emol eng Kéier selwer, déi Recherchen ze maachen, da verléiert Der ganz séier den Iwwerbléck a gitt souguer zum Deel och vun den Informatiounen bal erschloen. Dat geet och net aneschtens an anere Länner. Um Site vun der Santé gëtt zwar versicht, eeben en Iwwer-bléck vun Informatiounen ze ginn, mee et gëtt awer net esou vill Referenzen op déi verschidden Hël-lefen oder Offeren, déi et gëtt.

An dozou passt och, datt hei zu Lëtzebuerg dat Konzept vun deenen éischten 1.000 Deeg vun der Regierung nach net emol opgegraff oder ëmgusat ginn ass. Am Géigesaz zu Frankräich: Hei huet déi franséisch Regierung 2019 déi 1.000 éischt Deeg zu enger politescher Prioritéit gemaach. Dësen Hierscht sinn e Site, eng Applikatioun „1000-premiers-jours“ an eng Campagne lancéiert ginn.

Mir sollten eis als Land e Beispill u Frankräich huelen. An allgemeng iwwert déi 1.000 Deeg, wéi wichteg datt dat ass, dorop wäert och nach meng Kolleegin, d'Françoise Hetto, elo gläich nach weider agoen. Mir sollen eis, wéi gesot, e Beispill do hue-len u Frankräich a wierklech och als Éischt déi éischt 1.000 Deeg zu enger politescher Prioritéit maachen an zweetens Informatiounen, Hëllefen, Begleedungen op engem Site vum Staat zentrali-séieren, also den Elteren eng zentral Offer, en Iwwerbléck, ubidden, fir hinnen an domadder hirem Kand vun Ufank un d'Liewen esou einfach wéi méiglech ze maachen.

An dozou géif ech gären och eng Motioun depo-séieren.

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Très bien!

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

*- notant que la grossesse et la naissance du bébé interrogent les habitudes de vie des parents ;*

*- sachant que le concept des « 1.000 premiers jours » - qui va de la conception aux deux premières années de l'enfant - lancé par Unicef permet d'envisager une approche globale de la santé de la mère et de l'enfant et du rôle du père pour promouvoir des environnements favorables au développement harmonieux du fœtus, du nouveau-né respectivement du nourrisson ;*

*- considérant que dès, pendant et après la gros-sesse l'entourage immédiat des parents ainsi que les professionnels de santé et de la petite enfance jouent un rôle essentiel au sein des familles ;*

*- constatant que selon des enquêtes menées en France les nouveaux parents se voient confrontés à une multitude d'informations tout en ayant l'impres-sion de manquer d'accompagnement et de soutien ;*





- constatant que la France, suite aux conclusions d'une commission d'experts se composant de 18 membres qui a mené une analyse scientifique dans ce contexte, a adopté en 2019 le concept des « 1.000 premiers jours » dans le cadre d'une nouvelle politique de santé publique de la petite enfance avec la mise en place de plusieurs outils destinés aux familles comprenant une campagne d'information, le livret de nos 1.000 premiers jours qui est envoyé à tous les futurs parents dès la réception de leur déclaration de grossesse ainsi que le site internet 1000-premiers-jours.fr et l'application numérique téléchargeable ;

- notant que le site internet 1000-premiers-jours.fr facilite le regroupement et le partage d'informations et de conseils et propose des réponses claires, accessibles et bienveillantes aux questions que se posent les futurs et jeunes parents,

invite le Gouvernement

- à suivre l'exemple français et à mettre en place un site internet central (avec application numérique) qui regroupe les données, les conseils et les informations axés autour du bien-être de l'enfant dès la grossesse afin d'accompagner au mieux les (futurs) parents.

(s.) Serge Wilmes, Françoise Hetto-Gaasch, Léon Gloden, Laurent Mosar, Marc Spautz.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wilmes.

■ **M. Serge Wilmes (CSV), interpellateur.**- An där selwechter Logik kréien a Frankräich Persounen, déi Eltere ginn, bei der Deklaratioun vun der Schwangerschaft schonn e Bichelchen iwwert déi 1.000 éischt Deeg mat op de Wee. An anere Länner, wéi zum Beispill an Däitschland a verschiddene Bundeslänner, gëtt et sougenannt Eltern-Kind-Briefe. Hei zu Lëtzebuerg gëtt et och an deem Sënn scho privat Initiativen. A mir proposéieren, datt och hei eng staatlech Offer gemaach gëtt an all Elteren an zukünfteg Elteren esou Elteren-Kanner-Bréiwer geschéckt kréien: Bréiwer mat allméiglechen Informatiounen, Begleedungen an Offeren iwwert d'Gesondheet an d'Entwécklung vum Kand, an dat bis et 18 Joer al ass.

An ech géif och gären dozou eng Motioun deposéieren.

#### Motion 2

La Chambre des Députés,

- sachant que dans la plupart des cas le processus de « devenir parent(s) » inclut une profonde réflexion des futurs parents sur le fait de donner vie à un enfant ;

- consciente qu'à partir de la naissance chaque parent cherche à construire sa place auprès de son enfant et que ce processus ne va pas toujours de soi ;

- constatant que durant la grossesse et la petite enfance il s'avère tout particulièrement important de veiller au bon développement physique et psychique de l'enfant ;

- rappelant que pour garantir l'accompagnement des (futurs) parents certains pays<sup>1</sup> leur font parvenir de façon régulière (de la grossesse jusqu'à la majorité des enfants) des « Eltern-Kind-Briefe » comprenant des informations pratiques au sujet du bon développement du bébé/de l'enfant,

invite le Gouvernement

- à initier les « Eltern-Kind-Briefe » au Luxembourg afin de renforcer l'accompagnement des (futurs) parents en leur fournissant des informations et des conseils pratiques en fonction de l'âge de leur(s) enfant(s) au sujet de questions de santé, de leur développement et/ou de leurs compétences sociales ;

- à envoyer ces courriers de façon gratuite et régulière dans différentes langues aux parents et aux futurs parents à partir de la grossesse et jusqu'à ce que les enfants aient atteint l'âge de 18 ans.

(s.) Serge Wilmes, Françoise Hetto-Gaasch, Léon Gloden, Laurent Mosar, Marc Spautz.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **M. Serge Wilmes (CSV), interpellateur.**- Verschidde Gemengen hei am Land bidden, an Zesummenaarbecht mat ASBLen, déi als d'utilité publique unerkannt sinn, konkreet Hëllef u fir Elteren, déi e Kand erwaarden, respektiv wann d'Kand bis op der Welt ass: Hëllef vun Hiewammen, Pedagogen oder anere Professionelle vun der klenger Kandheet. Hëllef, fir de Lien tëschent Elteren a Kand ze ënnerstëtzen. Vun Ufank un de Bien-être vum Kand, vun der Famili ze stärke. Mir proposéieren, sou eng Zort Servicer an alle Gemengen am Land anzeféieren an ze generaliséieren. An dozou hunn ech och eng Motioun. Wannechgelift.

■ **Une voix.**- Très bien!

#### Motion 3

La Chambre des Députés,

- constatant que bon nombre de communes ont mis en place des programmes contribuant au bien-être des familles et à leur accompagnement pour bien réussir le début de la vie familiale ;

- sachant que pendant la grossesse ainsi que pendant les premiers mois de vie de l'enfant, il est important d'être épaulé et conseillé ;

- notant qu'à l'heure actuelle, huit communes offrent le service « BabyPLUS » qui constitue une source d'information et de conseil importante pour les parents pendant cette nouvelle étape de leur vie ;

- constatant que les équipes se composent de sages-femmes, pédagogues et d'autres professionnels qualifiés de la petite enfance ;

- sachant que les futurs parents peuvent bénéficier de plusieurs rendez-vous gratuits auprès d'un spécialiste dans le cadre de l'accompagnement parental,

invite le Gouvernement

- à procéder à l'introduction généralisée des services gratuits du genre BabyPLUS, ALUPSE et autres comme sources d'information et de conseil pour (futurs) parents dans toutes les communes du pays.

(s.) Serge Wilmes, Léon Gloden, Françoise Hetto-Gaasch, Laurent Mosar, Marc Spautz.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wilmes.

■ **M. Serge Wilmes (CSV), interpellateur.**- D'CSV hat 2016 respektiv 2019 eng ganz Rei Virschléi a Form vu Motiounen a Gesetzesproposé gemaach. Déi si gemaach gi vun der Madamm Hetto a vum Här Spautz, wou mer nach eng Kéier den Akzent drop geluecht hunn, datt een den Eltere soll de Choix loosse, wéi se hiert Kand betrieie wëllen, respektiv hinnen nach méi Zäit ginn, fir sech besonnesch bannent den éischte Liewensjore kënnen selwer doheem ëm hir Kanner ze këmmere. Mir stinn nach ëmmer zu dëse Proposen.

Goufen och deemools all ons Motiounen hei an der Chamber verworf, sou sinn awer d'Gesetzesproposen op déi legislativ Prozedur gaangen. Bei zwou vun hinnen, där iwwer eng nach méi grouss Flexibiliséierung vum Congé parental an där iwwert d'Aféierung vun enger Allocation complémentaire fir Famillje mat méi wéi zwee Kanner an der Reindexéierung vum Kannergeld si Rapporten amgaang, gemaach ze ginn. Dat wäert also och geschwënn iergendwann eng Kéier, hoffe mer op jidde Fall, och hei an de Plenum kommen, fir datt mer driwwer kënnen diskutéieren, respektiv driwwer ofstëmmen.

Zum Choix, wéi ech mäi Kand betrieie wëll, gehéiert fir ons als CSV och, datt all Betreuungsforme gläichwäerteg ënnerstëtzt ginn. An dozou ziele fir ons och d'Dagesmammen! Et gëtt der ewell ronn 680 hei am Land, déi zesummen eng ronn 3.000 Kanner betrieien. Dagesmamme bidden e familiären, flexibele Kader un, an deem maximal fënnf Kanner därfer betreit ginn. Meeschtens sinn dat och méi oder manner homogeen Gruppen. An engems bedeelegt sech de Staat bei den Dagesmamme just mat 3,75 Euro pro Kand pro Stonn un de Fraisen a bei de Crèche mat 6 Euro pro Kand pro Stonn.

Dësen Ënnerscheid gouf gemaach weinst de Fraisen, well zemools d'Crëchen méi Fraisen hätten. Mee Fraisen, där hunn och d'Dagesmammen. Och si mussen investéieren an eng adequat Arichtung, Spiller, pedagogesch Material, lessen, Botzen a sou weider. A bei de meeschte geet et, wann et gutt geet, null vun null op. Et kënn nach derbäi de Statut vum Independant, dee bei hinnen zu ganz villen Diskussioun feiert.

An dat ass virun allem dee wichtigste Punkt: Fir ganz vill Dagesmammen ass et einfach esou, datt se d'Gefill hunn, datt se eeben net eng gläichwäerteg Unerkennung kréie fir déi Aarbecht, déi geneesou wäertvoll ass an der Betreiung vun de Kanner wéi all déi aner Betreuungsstrukturen, net déi selwecht Unerkennung vum Staat, déi si awer an hiren Aen - a mir ginn hinne Recht - verdéngt hätten. Dat ass de sprangende Punkt! An dofir fuerdere mer, datt d'Dagesmamme genee esou unerkannt gi wéi d'Crëchen, d'Foyeren an d'Maison-relais. An datt d'Tarifikatioun op de Leescht geholl gëtt, sou wéi et och am Koalitiounsvertrag jo steet, an datt déi bei den Dagesmamme soll no uewen ugepasst ginn.

Parallèll zu enger Upassung no uewe vun der Tarifikatioun kéint dann och eng Basisformatioun, déi eeben elo 120 Stonne bedréit, an d'Luucht gesat ginn. Do kommen zwar och nach eng Kéier all Joer 20 Stonnen obligatoresch Formatioun mat derbäi. A wat hinnen och ganz wichtig wier, wier eng besser Vernetzung ënnert hinnen, woubäi se frou wieren, wa se och vum Staat géife gestäipt ginn. An dowéinst wëll ech och gären an deem Sënn eng Motioun deposéieren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

#### Motion 4

La Chambre des Députés,

- notant que l'activité d'assistance parentale, dont le cadre légal remonte à 2007, fait partie intégrante des activités d'accueil extrafamiliales et extrascolaires des enfants de 0 à 12 ans ;

- consciente qu'à l'instar des services d'éducation et d'accueil pour enfants (crèches, foyers de jour et maisons relais), l'assistance parentale constitue un maillon indispensable dans la chaîne des différentes structures d'éducation et d'accueil pour enfants, dont l'envergure ne va guère diminuer ;

- notant qu'actuellement, quelque 680 personnes exercent cette activité ;

- notant qu'alors que la participation étatique maximale pour les crèches est de 6 euros par enfant et par heure pour les crèches, elle n'est que de 3,75 euros par enfant et par heure pour les assistants parentaux ;

- rappelant que l'activité d'assistance parentale assure une flexibilité accrue souvent revendiquée par les parents ;

- notant que l'assistance parentale s'inscrit aussi dans une « démarche qualité » qui concerne l'ensemble des services d'éducation et d'accueil pour enfants et des services pour jeunes ;

- constatant une diminution constante du nombre d'assistants parentaux agréés au cours des dernières années,

invite le Gouvernement

- à procéder à une réévaluation de la tarification de l'activité d'assistance parentale ;

- à lancer une campagne de sensibilisation pour contribuer à l'attractivité de l'activité d'assistance parentale.

(s.) Serge Wilmes, Léon Gloden, Françoise Hetto-Gaasch, Laurent Mosar, Marc Spautz.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **M. Serge Wilmes (CSV), interpellateur.**- A wa mer bei de Betreuungsstrukture sinn an dem Choix vun den Elteren: Mir deelen d'Meenung vum Staatsrot iwwert d'gratis Mëttegiessen an de Betreuungsstrukturen. Fir net falsch verstanen ze ginn: Mir sinn derfir, an datt d'Kanner aus prekäre Verhältnisser solle kënnen e gratis Mëttegiesse kréien. Mee datt déi Gratuitéit bei véiermol dem soziale Mindestloun, also ongeféier 8.800 Euro de Mount, plafonéiert gëtt, dat kann een net méi als prekär Situatioun bezeechnen. Dann ass et net méi eng reng sozial Mesure.

An et ass erëm eng Mesure, wouvun och ganz kloer déi Famillje wäerte profitéieren, déi hir Kanner a Betreuungsstrukture ginn an umellen, a keng Unerkennung an Ënnerstëtzung fir déi Elteren, deenen hir Kanner nach doheem iesse respektiv bei de Grousselteren. Si kréie keng Hëllef a keng Unerkennung. An och dës Unerkennung wier wichtig, datt de Staat hinne se géif ginn, an iergendenger Form. An et gëtt ganz vill Matbirger, deenen dat ganz uewe läit. Wann ech aleng kucken, wéi séier d'Petitioun 2061, déi genau dat dote fuerdert, 4.500 Ënnerschrëfte krut, fir hei kënnen an der Chamber diskutéiert ze ginn, da solle mer eis dat zu Häerzen huelen an dat och mat consideréieren.

#### (Interruption)

Wat bei dëser Mesure nach derbäikënn, ass déi vill Aarbecht, déi elo och nach eng Kéier op d'Gemengen duerkënn, well si et sinn, déi dës Mesure mussen hëllef mat ëmsetzen. Eng Mesure, déi awer net mol vun hinne gefrot ginn ass, respektiv wou se net matagebonne goufen, an dobäi mussen se scho ganz vill investéieren an de Bau vu Crëchen, Maison-relais, Foyer-scolaire, Schoulen, ouni datt de Staat se vläicht finanziell esou dobäi ënnerstëtzt, wéi se missten ënnerstëtzt ginn a systematesch méi Aarbecht an och Depensé fir d'Gemengen op d'Gemengen ofdréckt.

An dobäi sinn awer d'Gemengen decisiv Acteuren, wann et ëm d'Schafen an d'Ënnerhale vun engem Ëmfeld geet, dat de Bien-être vun ons all a besonnesch vun de Kanner an deene Jonke stäipt respektiv stäerkt, andeems d'Gemengen, niewent de Strukturen, déi se bauen, och derfir suergen, datt mer mat ëffentleche Plazen, Parken, Spillplazen, déi attraktiv sinn, wou mer eis gären ophalen, ons begéine kënnen, datt mer gutt ze Fouss kënnen goen, mam Vélo fueren, ëffentlechen Transport fueren, datt mer eng Natur hunn, déi erhale gëtt a geschützt gëtt. Domadder schafe mer en Ëmfeld, fir de Bien-être vun de Kanner a vun ons alleguerten och ze stärke. Also sinn et ganz wichtig Acteuren, déi een och muss, wéi gesot, do deementsprechend ënnerstëtzen.

Nach ee Wuert zum Ëmfeld an dem Bien-être: d'Work-Life-Balance. Dat ass en Usaz, fir Aarbecht a Privatlieue mat enger ganzer Rei vu Mesuren esou openeen ofzestëmmen, datt mer am ideale Fall Zäit fir alles hunn. Dat ass op den éischte Bléck jo och een Usaz, deen een ënnerstëtze kann. Op en

zweete Bléck awer gesäit ee kloer, datt een u sech Aarbecht a Privatlieuen eent deem anere géigeniwwerstellt, wéi wa se net Deel vun engem Ganze wieren, an zwar vun deem selwechte Mënsch an deem sengem Liewen. An drëttens verëit en ons, datt et virun allem awer de Bléck ass aus enger wirtschaftlecher Perspektiv. Well Aarbecht kënn fir d'éischt an dann eréischt Life, also d'Privatlieuen.

An dofir wier et u sech besser, mir géifen dësen Usaz, dës Dialektik eng Kéier iwwerwannen. Iwwerwannen, fir zu deem ze kommen, wat ons gerecht gëtt. Nämlech zu engem equilibréierte Liewen, engem equilibréierte Mënsch. An dat vu Klengem un.

An da si mer nees bei dem Bien-être vun onse Kanner an de Jonken. Dëse vun Ufank un an de Mëttelpunkt vun onser Politik ze stellen an ze stärke wäert - an dovunner ass d'CSV iwwerzeegt - op laang Siicht dozou féieren, datt mer erwuesse Mënsche kréien, déi equilibréiert Perséinlechkeeten entwéckele wäerten. Erwuesse Mënschen, déi no Equiliber an hirem Liewen an no deem vun hire Matmënsche striewe wäerten. An dofir mussen mer ons net nëmmen eens sinn, datt wann et de Leit gutt geet, et dann och dem Land gutt geet, mee fir ons als CSV muss onbedéngt derbäikommen, datt wann et onse Kanner gutt geet, da geet et onsem Land och an Zukunft gutt.

Ech soen lech villmools Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wilmes.

Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Françoise Hetto-Gaasch agedroen. Madamm Hetto-Gaasch, Dir hutt d'Wuert.

#### Débat

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mäi Kolleeg, de Serge Wilmes, elo grad betount huet, spille an där ganzer Diskussioun ronderëm de Bien-être, also d'Wuelbefanne vum Kand, d'Facteuren Zäit a Qualitéit vum Encadrement eng ganz wichteg Roll. Dës zwee Facteure sinn et, déi ganz weesentlech derzou bäidroen, dass d'Klengkand eng staark a sécher Bindung kann opbauen an domadder déi richtig Basis geschaf gëtt, fir déi sozial, emotional a kognitiv Kompetenzen ze entwéckelen.

D'Zäit, déi d'Kanner mat hiren Eltere verbréngen an engem liewegen, opmierksamen Austausch, wou een op deen anere lauschtert, wou ee sech fir deen aneren interesséiert, an engem richtege Mateneen an net an engem Niefteneen.

Op där anerer Säit dann d'Qualitéit vum Encadrement, sief et an enger Crèche, enger Maison relais oder an der Schoul an am Lycée, ass deen zweete wichtige Facteur. Et geet wierklech net duer, massiv Personal opgestockt, wann dat Personal net iwwert déi néideg Ressourcen a Kompetenze verfüügt, déi et brauch, fir mat Kanner a Jonken ze schaffen. Wat mir brauchen, sinn engagéiert pedagogesch, psychologesch ausgebildete Leit a Stabilitéit an der Ekip, déi ronderëm d'Kand ass.

Wat mir zousätzlech brauchen, sinn Infirmière, Assistant-socialen, Psychologen a Pedagogen, déi d'Kanner séier an onbürokratesch kënnen opfänken an hinnen hëllefen, ouni dass mussen am Virfeld x Rapporte geschriwwen ginn a wou wäertvoll Zäit verluer geet, bis dann endlech Hëllef beim Kand ukënn!

Dëse Pool u Leit soll, wannechgelift, disponibel sinn, idealerweis an der Schoul selwer. Gegebenfalls dann, oder beschtefalls fir e puer Sitte gläichzäiteg.

Kierzlech hu mer an der Petitiounskommissioun d'Educateuren héieren, déi sech agesat hu fir hire Berufsstand a ferm Problemer domadder hunn, dass de Minister elo e Pilotprojet lancéiert, mat deem een de Beruff vum Educateur ka bannent engem Joer léieren. Ganz éierlech, Här Minister, bei allem Respekt, dat kann et net sinn!

Mir schwätzen hei vun der Ausbildung vun deene Persounen, déi am Alldag déijéineg betrieien, déi ganz besonnesch gutt a professionell mussen encadréiert sinn, sief et Kanner an der Maison relais, de Crëchen oder Kanner mat speziellen Defiziter, mat engem Handicap oder verhaltenskreativ Kanner. Et ka wierklech net sinn, dass et net méi noutwendeg ass, iwwer vill Wochen e Stage ze maachen, fir um Terrain ze gesinn, wéi ee muss mat dëser Populatioun schaffen, wéi wichtig et ass, pedagogesch suedfest ze sinn, wéi wichtig et ass, déi noutwendeg Sensibilitéit an Knowhow ze hunn, fir dacks schwierreg Alldagssituatiounen ze meeschten.

Jo, mir brauche ganz kloer méi Personal, mee virun allem brauche mer Personal, dat topp ausgebilt ass. Personal, dat Freed u senger Aarbecht huet, éierlechen Interessi un de Kanner, empathesch ass, gutt kann observéieren, nolauschteren, sech interesséiert a reagéiert, gären hëlleft an teamfäeg ass. An Teamfäegkeet léiert ee wuel am beschten an de Stagen.

<sup>1</sup> Allemagne (la Hesse, la Bavière), Suisse, France (Livret de nos 1000 premiers Jours, envoyé à tous les futurs parents dès la réception de leur déclaration de grossesse)





Nieft kognitive Fäegkeete brauch de gudden Erzéier a sengem Bagage awer och eethesch, sozial, emotional, motivational a verhalensbezunne Kompetenzen. Dat muss ee sech uneegnen a léiert een definitiv net bannent engem Joer. Dofir, wannech-gelif, dëse Beruff net bradéieren. Et steet ze vill um Spill!

Dass d'Qualitéit vum Personal en ausschlaggebende Facteur ass, an dass d'Zäit, déi d'Elteren zesumme mat hire Kanner verbréngen, weesentlech zur Entwécklung vum Kand bäidroen, abee, zu dëser Konkusioun kommen ech och a mengem Rapport, deen ech fir de Conseil de l'Europe gemaach hunn: „Intérêt supérieur de l'enfant et politiques pour assurer l'équilibre entre vie privée et professionnelle“.

An dësem Rapport hunn ech gekuckt, wat an deenen eenzele Länner an deem Kontext ugebuede gëtt a puncto Congé parental, flexibel Aarbechtszäiten, Begleedung vun den Elteren, déi verschidde Modes de garde, an deenen d'Virdeeler, awer och d'Lacunnen ze fanne sinn. Ech ginn elo net op de Rapport weider an, mee ech wëll awer drop verweisen, dass aus de Recommandatioune kloer ervirgeet, dass d'Conciliation vie professionnelle/vie familiale nimmools därëf op d'Käschte vum Bien-être vum Kand goen.

De wichtigsten Appell besteet doranner, dass d'Enjeun, wéi de Kolleg Serge Wilmes et och gesot huet, d'« Politique des 1.000 premiers jours », sou wéi se elo a Frankräich als Prioritéit vum Président Macron an als Pakt fir d'Enfance deklariéiert gouf, vum Comité des ministres soll an déi nächst „Stratégie relative aux droits de l'enfant et dans les travaux innovants sur les racines de la pauvreté“ integréiert ginn.

D'Länner hirersäits ginn derzou opgeruff, d'Servicer fir d'Santé mentale vun de Kanner a Jonken ze stäerken, rigoureux op d'Qualitéit am Accueil vun de Kanner ze setzen, gratis Informatiounen fir d'Elteren unzebidden, d'Monoparentaux ganz besonnesch ze ënnerstëtzen, d'Roll vun de Grousselteren net ze ënnerschätzen, de Risiko vum iwwerméissegem Notze vun Ecranen an Tablets richteg anzuschätzen - dorobber kommen ech nach ze schwätzen - an en permanence d'Familljepoliticken ze evaluéieren an ze reviséieren.

Dëse Rapport mat senger Recommandatiounen a senger Resolutioun ass déi lescht Woch zu Roum à l'unanimité ugeholl ginn.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).**- Den Dréi-an Aangelpunkt vum dem Bien-être vu Kanner sinn d'Famill, d'Schoul an d'Maison relais. De Bien-être vun de Kanner a Jonken ass ganz enk verlinkt mam Bien-être vun den Enseignanten, den Educateuren an den Elteren. Wann et hinnen net gutt geet, da kënnen si hirer Aufgab och net gerecht ginn.

Éischtens: d'Enseignanten an d'Erzéier, déi selwer Suergen hunn. Enseignanten an Erzéier, déi einfach debordéiert si vun allen Ufuerderungen, déi u si gestallt ginn. Och si brauche Réckendeckung. Och si brauchen eng Ulaflapz, wou se gehollef kréien, wou se gestärkt ginn. An d'Fro stellt sech och, ob hir Ausbildung deem gerecht gëtt, wat haut vun hinne gefuerdert gëtt.

Zweetens: d'Elteren, déi mat hirer Eltereroll dacks iwwerfuert sinn an Ënnerstëtzung vu bausse brauchen. Ech verweisen do op der CSV hire Walprogramm, wou mer drastoen haten, dass d'Maison-relaise sollte reegelrecht Familljenzentre ginn, wou d'Eltere sech kënnen Hëllef siche goen a sech mat Fachleit austauschen.

Elteren, déi zum Deel aus aneren, patriarchalesche Kulturkreesser kommen a mussen léieren ze akzeptéieren, dass hir Kanner et vläicht méi wäit kënnen bréngen wéi si selwer, ouni dass si als Eltere sech dofir mussen schummen. Elteren, déi finanziell Suergen hunn, d'Aarbecht verluer hunn, Alkohol- oder Drogeproblemer hunn. Elteren, déi awer och net eens ginn an eisem System, déi aus anere Länner kommen an net verstinn, dass wann een aus engem waarme Land op Lëtzebuerg kënnt, zum Beispill muss lëften. Dass et hei zu Lëtzebuerg wichteg ass, säi Kand an d'Schoul ze schécken.

Ech kéint lech do eng ganz Geschicht driwwer verzielen. Mee déi Zäit hu mer net. Elteren, déi déi vill Informatiounen, déi se kréien, iwwerhaupt emol net verstinn an dofir an hirem Doheim konkret Ënnerstëtzung vu Professionelle sur place brauchen.

Wa si also alleguer hirer Roll net kënnen gerecht ginn, da repercutéiert sech dat natierlech ganz kloer op d'Kand. Dofir ass et weesentlech, dass mer souwuel fir d'Eltere wéi awer och fir d'Enseignanten an d'Erzéier Ulaflazen hunn, déi si ënnerstëtzen. Ganz onbürokratesch, onkomplizéiert an esou séier wéi méiglech.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi seet d'Directrice vun der Unicef? Mir mussen alleguer zesummen handelen, fir d'mental Gesondheet haart unzeschwätzen - « briser le silence autour de la santé mentale ». Mir mussen d'Elteren ënnerstëtzen a mir mussen an de Schoulen e richteg

Vertrausklima schafen. Wa mir d'Aen zoumaache virun der mentaler Gesondheet vun de Kanner, da setze mer hir Capacitéit fir ze léieren, fir ze schaffen, Relatiounen opzebaue ferm op d'Spill.

Wa mir d'Aen zoumaache virun der mentaler Gesondheet vun den Elteren, den Enseignanten an den Erzéier, da privéiere mer si vun der Ënnerstëtzung, déi si blutnéideg hunn, fir sech an hirer jeeeweileger Aufgab ëm d'Kanner ze bekëmmern.

An da kommen ech, drëttens, zu de Kanner selwer. Vill Kanner kapituléiere virun deem ganze Schoulprogramm, deen se mussen bewältegen an iwwert dee mer schonn als CSV méi wéi eemol gesot hunn, dass mer eise System mat sengen Inhalter mussen op de Leescht huelen an un eis Zäit adaptéieren, Plaz maache fir nei Kompetenzen, déi d'Kand soll léieren: sozial Kompetenzen, Respekt, Deseskalatiounstechniken - alles Kompetenzen, déi vläicht hautdesdaags méi wichteg si wéi e Passé simple oder e Subjonctif plus-que-parfait.

De Lockdown, Homeschooling hu ganz kloer gewisen, dass et fir d'Kanner immens wichteg ass, mat de Kolleegen zesummen an d'Schoul ze goen. Nieft deem reellen Enseignement ass et nämlech och weesentlech, de soziale Kontakt oprechtzuerhalen, richteg vis-à-vis vun engem ze setzen, an der realer Welt ze schnëssen an net just en Austausch iwwer den Ecran ze hunn.

All Kand kënnt awer och mat sengem perséinleche Bagage vun doheim an d'Schoul a muss domadder eens ginn. Jee nodeem, wéi d'Familljesituatioun ass a wéi iwwerfuert seng Eltere sinn, huet d'Kand méi e schwéiere Pak ze droen. E Pak, deen et wierklech dacks ganz eleng muss schleefen. An hei muss ugesat ginn. Et mussen Ulaflaze geschaaft ginn, wou d'Kand sech vertrauensvoll kann hiwenden an Hëllef sichen.

Hei kënnt dem Enseignant eng ganz, ganz wichteg Roll zou - eng verantwortungsvoll Aufgab, bei där een awer selwer och muss staark sinn, fir déi ze bewältegen -, awer och allen Erzéier, mat deenen d'Kand am Laf vum Dag zesummekënnt. Si alleguer spillen eng Schlësselroll an der Entwécklung vum Kand, wa si him wëllen hëllefen, net ënner senger schwéierer Laascht anzubriechen.

Mobbing an de Schoulen, zum Beispill, ass ëmmer erëm en Thema. An hei ass besonnesch den Enseignant, den Educateur gefuerdert, deen dat muss erkennen an och da soll intervenéieren.

Dir gesitt, hei gëtt ganz vill vun deenen eenzelen Acteuren erwaart: vum Enseignant, vum Educateur, awer och vum Kand selwer.

### 3. Dépôt d'une proposition de loi par Mme Françoise Hetto-Gaasch

An dofir si mir als CSV der Meenung, dass mer am Fundamental, gradewéi mer et an de Lycéëen hunn, e SPOS brauchen. Also e SePAS, dee sou wéi de Pompjee direkt intervenéiert, wann et brennt an net eréischt, wann alles bis ofgebrannt ass. An deem Sënn iwwerrechen ech och hei eng Proposition de loi, an där mer genee dat fuerderen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Hetto.

#### Exposé

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV), auteure.**- Ech ginn och kuerz op d'Proposition an. Wourëms geet et? Ma, mir wëssen alleguer, dass d'Kanner haut ganz dacks mat komplexe Problemer konfrontéiert sinn: d'Scheedung vun den Elteren, Migration, Placement, Krankheet, Trauma-Erlebenser. Vill vun hinne sinn och Zeie vun haislecher Gewalt, hu psychesch Problemer. Et si Kanner, déi verno-léisseg ginn, entweder physesch oder och psychesch - alles enorm Suergen, déi d'Kanner eleng net gemeeschert kréien.

Si kommen, wéi ech dat elo grad beschriwwen hunn, mat dësem Bagage vu grousser Belaaschtung an d'Schoul a sollen dann, wannech-gelif, do fonctionéieren. Engersäits gi se quasi erdréckt vun deene Problemer, déi se mussen mat sech erëmshleefen, an anerersäits muss se awer gläichzäitig den Erwaardungsdruck vun der Schoul méeschteren.

D'Schoul huet haut als Missioun net méi just eng reng Wëssensvermittlung, mee huet och eng Verantwortung, wat d'Wuelbefanne vum Kand ubelaangt. Et ass un der Schoul, d'Kanner ze begleeten, ze ënnerstëtzen, fir dass si et packen, déi richteg Choixen ze maachen. Choixen, déi dacks Repercussiounen op hiert ganz Liewen hunn. Et geet deemno drëms, d'Kanner esou ze stäerken an ze leeden, dass si kënnen hir sozial Kompetenzen, hir emotional Kompetenzen, hiert Wëssen an hiert Verhalten esou entfalten, dass se déi néideg Resilienz entwéckelen, fir am spéidere Liewe staark jonk Mënschen ze ginn.

Duerfir mussen d'Kanner genee do Hëllef ugebuede kréien, wou se vill Zäit verbréngen an dat ass an der Schoul. Geneesou wéi an de Lycéë froe mir als CSV e Service psycho-social et d'accompagnement scolaires fir de Fundamental. Eng Plaz, wou d'Kan-

ner kënnen psychologesch Berodung an therapeutesch Begleedung kréien, jee no Besoin. An och d'Léierpersonal ka sech hei berode loosser, wann et a sengem Alldag u seng Grenze stéisst.

Geneesou soll dëse Service mat den Elteren zesummeschaffen, wa si mat an de Prozess ronderëm hiert Kand sollen agebonne ginn. Mir als CSV sinn der Meenung, dass dëse Service an der École fondamentale ...

#### (Interruption)

... muss esou séier et geet op d'Bee gestallt ginn, fir de Kanner déi Ënnerstëtzung ze ginn, déi se dréngend brauchen. An zwar zu deem Moment, an deem se se brauchen.

An ech denken, eis Proposition de loi misst am Fong geholl och vun der LSAP matgedroe ginn, well ech erënnere mech drun, dass d'Madamm Francine Closener - si ass zwar elo grad net heibannen - an engem Radiosinterview ganz kloer gesot huet, ech ginn hei hir Wieder erëm, e Psycholog an enger Schoul wier kee Luxus. Och an der Grondschoul misst esou een op d'mannst deelweis present sinn.

**7921 - Proposition de loi portant modification de la loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental**

### 4. Interpellation de M. Serge Wilmes au sujet du bien-être chez les enfants (suite)

#### Débat (suite)

Da kommen ech bei déi Jugendlech. Laut engem ganz rezente Rapport vun der Unicef, dee sech mam mentale Wuelbefanne vun de Jonken tëschent 10 an 19 Joer beschäftegt, steet, dass hei zu Lëtzebuerg 16,5 %, dat ass ee vu sechs, an dëser Alterskategorie mental onstabil sinn; liicht e bësse méi Meedercher wéi Jongen. Dat ass enorm! An dat soll eis och ze denke ginn. Angschtzoustänn, Depressiounen, Suicidedanke bis hin zu Suicide. Mir brauchen eng Ursaachefuerschung, fir kënnen adequat ze reagéieren.

Ech hat déi grouss Chance, mat enger ganzer Partie jonke Leit zu dësem Sujet ze diskutéieren. An ech muss lech éierlech soen, dass hir Temoignagé mech zudéifst beréiert hunn. An ech wëll lech dat hei erëmginn, wat se mer matgedeelt hunn. Quasi alleguer hu se de Wonsch geäussert, dass si sech an de Schoule Vertrauenspersounen wënschen, un déi se sech wende kënnen, wann et hinnen net gutt geet.

An dat sinn net nëmmen eleng d'SePASen. Si wënsche sech och Regenten, Profen déi Verständnis fir si hunn, hinnen nolauschten a sech fir si interesséieren. Net all Enseignant huet eng deementsprechend Ausbildung oder bréngt och vläicht dat richteg Gespür mat. Duerfir vläicht hei e klengen Appell, dëst an de Formatiounen, an de Formationcontinuen matanzubauen, fir dass si als wichteg Bezugspersonen och mat der néideger Sensibilitéit kënnen reagéieren. Vläicht sinn d'Enseignante sech och net ëmmer bewosst, wéi eng wichteg Roll si ze spillen hunn an dass hiren Apport muss iwwert d'reng Wëssensvermittlung erausgoen.

Déi Jonk wënsche sech awer och Suergeskëschten, wou och déi sech kënnen matdeelen, déi net direkt e perséinlecht Gespréich sichen, mee vläicht just e Rot, eng Adress, wou se weidergehollef kréien.

An dësem Austausch, deen ech mat deene jonke Leit hat, gouf och op d'Wichtigkeet vun de Jugendhaiser higewisen, an deene vill Jonker net just mat de Kolleegen kënnen flott Mëtteger verbréngen, mee wou se och d'Personal ronderëm sech hunn, dat op si lauschtert a si leet, wann et noutwendeg ass. Vill vun hinnen hunn Angschtgefiller ausgedréckt, well se gemobbt ginn a sech einfach net ze hëllefe wëssen. Och heifir brauche mer Erzéier an Enseignanten, déi dat iwwerhaupt matkréien an och reagéieren.

En Deel vun deene Jonken huet gesot, dass et fir si immens wichteg ass, owes mat den Elteren iwwer hiren Dag schwätzen ze kënnen. Si hunn et och begréisst, dass an den ieweschte Klasse vun Zäit zu Zäit Externer bei si an de Lycée kommen sinn, fir mat hinnen iwwer verschidden Thematiken a Problematiken ze diskutéieren. A si hunn et bedauert, dass dëst net och op deene ganz ieweschte Klasse stattfënn.

Ech wëll op dëser Plaz och dem Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher seng Propos opgräifen, fir an de Schoule Vertrauenspersounen ze hunn, un déi Jonker sech kënnen wenden, wa se Suergen hunn - e sougenannten „child protection officer“.

A wat mer och nach brauchen nieft de Jugendhaiser, ass d'Méiglechkeet, an de Schoulen iwwert d'Schoulstonnen eraus kënnen betreit ze ginn. Zumindest an den éischte Klassen am Lycée.

Ech wëll awer op dëser Plaz och nach eng Kéier op eis Interpellatioun agoen iwwert de Suicide. Weisou? Ma ganz einfach, well, laut dem neiste Rapport vun der Unicef, de Suicide an Europa déi zweetheefgste Doudesursaach ass bei deene

Jonken tëschent 15 an 19 Joer, no den Accidenter op der Strooss. Bei den 10- bis 14-Järege sinn et souguer 41 %. Dräi Jonker stierwe pro Dag an Europa, well se sech d'Liewen huelen.

Wéi mer déi Interpellatioun haten, hunn ech gefrot, dass mer eng seriö Ursaachefuerschung vun dësem Mal-être géife maachen. Well ouni d'Ursaachen ze kennen, mécht een eng Navigation à vue.

Wat ass bis elo geschitt? Wéi gesäit et mëttlerweil mat Therapieplazen aus? Gëtt et mëttlerweil eng Formatioun op der Uni an der Psychiatrie infantile? Gëtt et mëttlerweil eng Filière psychiatrique an der Urgence? Wéi gesäit et aus mam Congé social fir déi Leit, déi sech benevoll engagéieren, zum Beispill bei SOS Détresse? Wéi gesäit et aus mam Suivi?

Abee, mir waren eis heibanne quasi all eens, dass mer genau op deenen dote Plaze missten den Hiewel usetzen. Dat ass entre-temps ganz genee eelef Méint hier. Ech géif just gäre wëssen, wat d'Regierung do mëttlerweil konkret ënnerholl huet.

A wann ech elo nees un déi jonk Mënschen denken, deenen ech elo kierzlech begéint sinn an déi mech richteg traureg an nodenklech gemaach hu mat hiren Aussoen, hiren Ängschten, hire Suergen, da froen ech lech alleguer heibannen: Wat muss dann an Ären Ae passéieren, fir dass endlech eppes geschitt?

An deem Kontext muss ech dann och den Accès zur Psychotherapie uschwätzen. Mir wëssen, wéi wichteg et ass, de Jonken Accès zu professioneller Hëllef ze erméiglechen. Mir brauche genuch Psychotherapeuten, Psychiateren, Psychologen, déi deene jonke Mënschen, deenen et net gutt geet, zur Säit stinn, si beroden an och begleeten. Dësen Accès dierf net just fir déijéineg reservéiert sinn, déi sech et leeschte kënnen.

An ech si wierklech frou, dass de Minister Schneider kierzlech ugekënnegt huet, dass ab Januar de Remboursement vun der Psychotherapie soll Realitéit ginn. Wann een awer elo, e puer Deeg méi spéit, dem Här Oberlé vun der CNS nogelauschtert huet, da wäert dat wuel net am Januar sinn. Et huet op alle Fall net esou geklongen. De Minister schéngt also voller guddem Wëllen ze sinn, mee wéi et schéngt ass d'CNS en Électron libre, dee grad mécht, wat him an de Krom passt.

#### (Interruption)

An duerfir géif ech de Minister bidden, seng Autoritéit a seng Positioun wierklech esou anzusetzen, dass d'CNS dee Blockage ännert.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).**- Da kann en nämlech och säi Versprieche anhalen, an zwar, dass all Mënsch, deen et brauch, Zougang zur Psychotherapie kréie kann.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).**- Wa mer d'Thematik vun der mentaler Gesondheet wëllen eescht huelen, da mussen mer eis och d'Moyene ginn, fir dat ze finanzéieren. Mir brauche Professioneller, déi a Krisesiatiounen intervenéieren, a mir brauchen der, fir duerno de Suivi ze maachen. Och hei ass d'Politik gefuerdert, fir dëse Beruff ze promovéieren a fir och am preventive Beräich massiv ze investéieren.

Ech kommen dann op déi sozial Medien ze schwätzen. D'Geforen, déi vun de soziale Medien ausginn, sinn net ze ënnerschätzen. Rezent war dozou e ganz interessant Bättrag op der Televisioun ze gesinn. E Bericht, deen een am Fong geholl richteg nodenklech gestëmmt huet. An ech mengen, dass mir eis alleguer als Erwuessener net ëmmer bewosst sinn, wéi vill eis Kanner a wéi vill eis Jugendlecher sech an där Welt do beweegen, sech do beaflosse loosser, ënner Drock sette loosser an zum Deel ganz, ganz schlëmm gemobbt ginn.

Dofir ass et wichteg, dass schonn am Fundamental op dës Geforen higewise gëtt an d'Kanner geléiert ginn, domadder richteg ëmzegoen a sech ze schützen.

Eng aner Gefor ass d'Surexpositioun. An ech schwätzen hei elo net nëmme vun där vun de Kanner, mee och vu villen Elteren, déi - an dat ass lech bestëmmt och schonn opgefall -, souguer wa se mat der Kutsch spadséiere ginn, vill op hiren Handy kucken an et verpassen, op hir Kanner anzugeen. Dat soen awer net ech, mee dat soe klinesch Psychologen, Kannerdokteren, neurologesch Wëssenschaftler, déi am „Figaro“ eng Hellewull un Artikel publizéiert hunn. Am Resümmee: D'Kanner brauche reell Interaktiounen, fir hir kognitiv Capacitéiten ze entwéckelen, an net just Echangé mat engem Ecran an och net Elteren, déi ze vill un hirem Ecran pechen.

D'Jeanne Siaud, eng klinesch Psychologin, seet, dass Elteren als hyperconnectéiert anzestufe sinn, wa si dee Moment, deen eigentlech hire Kanner sollt gëllen, vun hirem Ecran gefesselt sinn. Fir d'Kanner deemno eng Illusioun vu Presenz, déi zu emotionaler Onsécherheet féiert, wat sech senger-säits nees negativ op hiert Léierverhalen auswierkt.





Wat d'Unzuel u familiären Interaktiounen méi erofgeet, also manner Bléckkontakt, manner Schwätze mateneen, wat dem Kand seng Sprooch-entwécklung, seng Konzentratioun, säi Gediechtnes, seng Attentioun a seng schoulesch Reusite méi impaktéiert ginn. An da schwätze mer vum Bien-être vum Kand. Do ass et ganz kloer, dass et deene Kanner do net gutt geet an och spéider net wäert gutt goen. Ech sinn iwwerzeegt, dass ganz vill Eltere sech däers Ganzen net bewosst sinn. Mir brauchen duerfir kloer Messagen un d'Elteren, fir si op dës Geforen hinzewiesen, eng reegelrecht Campagne de sensibilisation! A Moosse consomméieren, selwer d'Kontroll behalen an op tatsächlech, reell Interaktiounen setzen, heiansdo och emol erëm mat de Kanner e Spill maachen.

Reell Interaktiounen huet e Kand awer och zum Beispill am Sport. Kanner, déi reegelméisseg Sport maachen, si méi ausgeglach. Si kënnen hire Beweegungsdrang ausliewen an hir motoresch Fäegkeete schoulen. En plus profitéieren hiert Selbstbewosst-sinn an hir geseschteg Entwécklung dovunner.

Donieft léieren d'Kanner, Defaitten ze meeschteren, sech awer trotzdeem fir deen nächste Match nees zesummenzerappen. An e Kand, dat Sport mécht, léiert reflektéieren, verstoen, wéi deenen anere Leit hir Erwaardunge seng eege Leeschtungen an Ent-scheedunge beaflossen. Sport dréit also ganz kloer zum Bien-être vun de Kanner bäi a verdéngt déi néideg Ënnerstëtzung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer vum Bien-être schwätzen, da komme mer net derlaanscht, och iwwer d'Maltraitance ze schwätzen. Mee d'Maltraitance, mengen ech, verdéngt op dëser Plaz eng Kéier en eegenen Debat.

Dëst Theema läit mer ganz besonnesch um Häerz. Kanner, déi mëssbraucht ginn: Ech mengen, do brauche mer kaum vu Bien-être ze schwätzen. An et gëtt der vill! An et gëtt och vill Forme vu Maltraitance: physisch, psychologesch a sexuell Gewalt. Mee och d'Vernoléisseg fält ënner Maltraitance.

Et gëtt vill Servicier hei zu Lëtzebuerg, déi op dësem Gebitt wäertvoll Aarbecht leeschten. D'Alupse ass een dovunner. Déi verschidde Servicier vun der Alupse haten, laut dem Rapport vun 2018, all Hänn voll ze dinn: Kriseninterventiounen an de Familljen, medezinnesch Consultatiounen vu ganz klengle Patienten, individuell a Familljenthérapie. Wéi wëllt Der aus engem klengle Kand, dat schonn als Puppelche Gewalt erlieft, e staarke jonke Mënsch maachen, deen, wa méiglech, Resilienz entwéckelt a sech herno tipptopp an eiser Gesellschaft zurechtfënnt? Dofir och hei den Appell, dëse Servicer, déi an dësem Domän schaffen an intervenéieren, och déi néideg Moyenen ze ginn, déi se brauchen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Ech kommen zur Konkusioun. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn an dëser Interpellatioun als CSV eng ganz Partie Pisten opgezeechent, Motiounen presentéiert an och eng Proposition de loi, iwwerall do, wou den Hiewel muss ugesat ginn. Ech wënsche mer, dass dat alles net op daf Ouere stéisst an dass déi jeeweileg Ministeren - an et sinn der vill, déi hei concernéiert sinn - sech d'Wuelbefanne vum Kand ganz uewen op hir To-do-Lëscht schreiwen. Et bleift nach vill ze maachen!

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hetto-Gaasch. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gilles Baum.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- „Immer wenn ein Kind vor einem Smartphone sitzt, stirbt auf einem Baum ein Abenteuer. Und wenn wir Erwachsenen ständig drankleben, sterben unsere auch!“

Här President, mir zwee, mir kennen eis jo schonn e bësse méi laang wéi anerer heibannen. Ech mengen, ech sinn net bekannt dofir, een ze sinn, dee séier nervös gëtt oder séier vun Null op Honnert geet. Mee et gëtt awer eppes, wat mech dobaussen an der Gesellschaft extrem stéiert: Dat ass, wann ech an de Café erakommen, an de Restaurant erakommen, et sëtze Leit um Dësch, dräi, véier Leit, zwee Leit, a si spillen alleguer um Handy.

(*Hilarité*)

Bon, wann et e jonken Här an eng jonk Damm ass an et ass hiren éischten Date, da soen ech mer: ok. Da wësse mer, wéi deen Date ausgeet. Da kënn warscheinlech keen zweete Rendez-vous hannendrun.

(*Hilarité*)

Wann awer Elteren do sëtzen, allen zwee um Handy ze spillen an d'Kanner kréien nach en iPad, fir dass d'Eltere kënnen a Rou am Restaurant op hirem

Handy daddelen, muss ech soen: Dat stéiert mech enorm! An ech denke mer och ëmmer, dass mer do amgaange sinn, den absolutt normalen Émgang, déi normal, déi essenziell Kommunikatioun ënnerteneen ze verléieren an ze verspillen.

Ech war virun e puer Joer a Griicheland an enger Tavern, do haten se e Panno opgestallt - dat huet mer immens gutt gefall -, do stoung drop: „No, we don't have wi-fi. Talk to each other.“

(*Hilarité*)

Ech hu fonnt, dass dat ... Dat huet mer op alle Fall immens gutt gefall. An dat anert, ...

(*Interruption par M. Mars Di Bartolomeo*)

... dat anert mécht mech wirklech ëmmer immens nervös. Dat stéiert mech immens.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Den digitale Volet vum Liewe vun de Kanner - ech mengen, et ass bei de Virriedner ugeklongen - kënne mer einfach net méi ausblenden. Déi digital Outile wéi de Laptop, de Smartphone, Tablet a Co. si mëttlerweil aus eisem Liewen an och aus dem Liewe vun eise Kanner net méi ewechzedenken. Déi Technologien zéie sech wéi e roude Fuedem duerch sämtlech Beräicher vun eisem Alldag.

Dass den digitale Wandel awer net nëmme positiv Verännerunge mat sech bréngt, dat ass gewosst. Ech denken do zum Beispill un déi méiglech Geforen am Internet an an den neie Medie fir eis Kanner a Jugendlecher.

Sou krut ech, zum Beispill, déi lescht Woch e Message aus der Maison relais vu Jonglënster, an deem ech drop opmierksam gemaach gi sinn, dass d'Kanner eng Serie géifen nospillen, déi ausgestraalt gëtt op engem ganz bekannten Online-Streamingportal. Et ass d'Serie „Squid Games“, fir se net ze nennen. Ech wëll lech hei net am Detail erklären, wourëm et geet. Ech mengen, déi meescht heibanne wëssen, wat dat ass.

Et mécht een awer schonn nodenklech, wann ee vun der Schoul respektiv vun der Maison relais geschriwwen kritt, dass d'Kanner Filmer nospillen, déi eréischt ab 16 sinn, an deenen Handlung virgeholl ginn, déi se am Fong net dierfte gesinn, an dass dat awer alles esou einfach an d'Hänn, an an dësem Fall an d'Aen an an de Kapp vun de Kanner kënn.

(*Interruption*)

Genee dës Geforen am Internet gräift och déi däitsch Schrëftstellerin Gabriela Rapp an hirem Buch „Bitte tu was!“ op, dat ech viru Kuerzem gelies hunn. Si geet virun allem der Fro no, wéi eng Auswirkung déi digital Gewalt op d'Wuelbefanne vun de Kanner a vun de Jugendleche ka mat sech bréngen.

Genee wéi am reelle Liewen, kënnen och traumatesch Erlebnisser an der Onlinewelt e bleiwende Schued bei de Kanner an deene Jonken hannerloossen. Cybermobbing, Cybergewalt, Hatespeech, digital Suchtverhalten, Cyberbullying: Dat si lauter Phenomeener, déi sech eréischt an dësem Joerdausend entwéckelt hunn. Déi hu mer virdrun net kannt. Dat sinn awer och Problemer bei de Kanner a bei deene Jonken, déi mer net däerfen ënnerschätzen a fir déi mir alleguer zesummen eng Léisung musse fannen.

A genee wéi d'Schrëftstellerin sinn ech och der Meinung, dass eis Kanner virun allem eppes brauchen: en oppent Ouer an eng konsequent Begleedung!

„Bitte tu was!“ ass e klaren Appell un d'Elteren, d'Geschwëster, d'Erzéier an un d'Schoulpersonal. En Appell un d'Politik, un eis kollektiv Verantwortung. Eis Kanner brauchen e séchere Kader, e sécherd Émfeld, fir sech lues a lues an der digitaler Welt erëmzefannen. Si brauchen eng erwuesse Bezugspersoun, déi hinne bei Froen, Ängschten a Problemer zur Säit steet. Eng Persoun, déi se op d'Geforen am Internet opmierksam mécht an hinne dee richtegen Émgang mat den neie Medien erklärt.

D'Sensibiliséierung spillt also eng Schlësselroll, wann et drëm geet, déi Jonk viru Cybermobbing an anere Forme vun Onlinegewalt a -kriminalitéit ze schützen. Nieft der Prise en charge vun den Affer vun digitaler Gewalt brauche mer virun allem eppes: eng effikass Preventiounsstrategie.

Nieft der Famill an den Elteren huet virun allem d'Schoul e groussen Deel vun der Responsabilitéit hei ze iwwerhuelen. Säit 2013 schafft an iwwerschafft den Educationministère dofir eng ëmfaassend Strategie fir d'Vermëttele vun den digitale Kompetenzen. Engersäits gouf verstärkt op d'Aus- a Weiterbildung vun den Enseignanten investéiert an anerersäits massiv an d'Moderniséierung vun de Schoulprogrammer.

Et goufen nei Formatiounen beim IFEN organiséiert, speziell Enseignantë „pour compétences numériques“ goufen agestallt. Et goufen nei Léierunitéiten ausgeschafft an och zousätzlech Tablette fir den digitalen Unterrecht bereetgestallt.

Spéitstens säit der Publikatioun vum sougenannte „Mediekompass“ ass d'VermëtTLung vun den digitalen Kompetenzen an de Gebrauch vun den neie Medie fest am Unterrecht verankert. An zu dëse Kompetenzen zielt natierlech och d'Bewosstsinn iwwer méiglech Geforen a Risiken am Internet.

(*Interruption*)

Virun zwou Wochen hu mer hei an der Chamber iwwert d'Problematik vum Hatespeech geschwat. A meng Kolleegin, d'Carole Hartmann, hat an deem Kader eng wichteg Initiativ ernimmt, déi sech fir d'Preventioun vun der Cybergewalt asetzt, nämlech Bee Secure. Scho säit 2010 bidden d'Acteure vu Bee Secure eng grouss Palett u Servicier un, déi de korrekten a responsablen Émgang mat den neie Medie fërdere sollen.

Wéi meng Kolleegin lech et schonn erkläert huet, publizéieren d'Acteure vu Bee Secure reegelméisseg Informatiounsbroschüren a praktesch Guidé fir Kanner a Jugendlecher iwwert Theeme wéi Fake-news, Hatespeech, Cybermobbing an och Datesécherheet. Donieft offréiere se gratis Trainings fir Schüler, Erwuessener a Senioreen, fir den Émgang mat den digitale Medien ze léieren. Si schaffen enk mat Grondschoulen a Lycéeën zesummen. Och spezifesch Opklärungscampagnë fir de Grand public gehéieren zum Repertoire vu Bee Secure.

Firwat hunn ech elo esou vill iwwert dat Digitaal geschwat? Ech mengen, Dir kënn lech et denken: Am Kader vun der Pandemie, an där mer nach ëmmer dra sinn, ass de Konsum vun Onlinemedie bei Kanner a Jugendlecher ganz staark an d'Luucht gaangen. D'Etüd „COVID-Kids“ vun der Uni Lëtzebuerg huet zum Beispill gewisen, dass déi Jonk méi wéi duebel sou vill Stonnen um Internet verbruecht hu wéi virun der Kris. D'Analysen hunn ausserdeem en enke Lien tëscht der Hausse vum Internetkonsum an der Entwécklung vun Ängschtzoustänn a vun negativer Gefiller festgestallt.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir gesinn et ganz kloer: D'Pandemie hat an huet och haut nach ëmmer en negativen Impakt op d'Wuelbefanne vun de Kanner a vun de Jugendlechen. Dat weisen d'Etüde ganz kloer. Meng Virriedner hunn et scho gesot an ech sinn och dofir frou, dass mer haut am Parlament iwwert dëse wichtige Sujet schwätze kënnen. An ech wëlt dofir dem Interpellant, dem Kolleeg Serge Wilmes, e ganz hærzleche Merci soe fir seng Initiativ.

Wat déi Jonk méi Zäit virum Computer verbréngen, wat se manner Zäit hu fir Fräizäitaktivitéiten: fir Danzen, fir Theater, fir Sport, fir Musek. An dobäi wësse mer alleguerten, wéi wichteg Bewegung an awer och de soziale Kontakt fir déi gesond Entwécklung vun de Kanner a vun deene Jonken ass. Et ass dofir immens wichtig, dass mer eis Jonk nees motivéiert kréien, fir hiren alen Hobbyen nozegoen. Si sollen nees an d'gesellschaftlecht Liewe kënne goen, erëm deelhuelen, erëm Frëndschafte fleegen a virun allem och Freed a Spaass am Alldag hunn.

Wichtig war dobäi a mengen Aen d'Ënnerstëtzung vum Staat, fir 50 Euro bäizesteiere fir eng Memberskaart vun engem Jonke bei de Veräiner. A wéi sot e jonke Schoulmeeschterkolleeg vu Jonglënster de leschte Samschdeg um Adventsmaart zu mer, wéi mer grad heiriwwer geschwat hunn: „D'Klensch an de Grapp an eraus op d'Strooss!“ Jo, bleift net doheim, well dobausse gëtt et viles ze entdecken an zesummen ze erliewen!

An deem Kader begrëissen ech och d'Aféierung vun engem landeswäite gratis Museksunterrecht. Mat dëser Mesure maache mir de Museksunterrecht fir all Kand zougänglech a mir droen domat zur Chancëgläichheet an zur Bildungsgerechtkeet bäi. Déi musikalesch Bildung fërdert nämlech net nëmmen d'Kreativitéit vun deene Jonken, mee och d'Entwécklung vu sozialen a vu kommunikative Fäegkeeten. Vum nächste Schouljoer u wäert dofir e groussen Deel vun de Musekscourse gratis ginn, an dat fir sämtlech Jonker ënner 18 Joer.

Här President, an der Erzéiung - an d'Virriedner hunn et gesot - schéngt mer dat Wichtigst ze sinn, dass d'Kanner gutt encadréiert a gutt gefërdert ginn, dass d'Eltere vill Zäit mat hire Kanner verbréngen an dass se sech vill Zäit huelen, fir Aktivitéit mat de Kanner ze maachen.

Ech wëll awer an dësem Kontext och eng Kéier alleguerten déi Leit ernimmen, ech wëll och eng Kéier alleguerten déi Leit luewen, déi sech an de Betreuungsstrukturen - sief dat e SEA, sief dat eng Crèche, sief dat eng Maison relais - mat ganz vill Asaz ëm d'Kanner këmmen, mat de Kanner schaffen, d'Kanner fërderen, d'Kanner motivéieren an d'Kanner an hire Schrëtt begleeden, grad ewéi och alleguerten déi Leit, déi benevoll an de Veräiner hir Zäit hierginn, fir eppes mat de Kanner ze ënnerhuelen. Ech drécken hinne an Numm vu menger Partei a vu menger Fraktioun mäi Respekt an och e ganz grouse Merci aus.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Am Beräich vun der Familljen- a Sozialpolitik huet déi aktuell Regierung e grouse Prinzippiiewandel ageleet: Während de

Fokus fréier quasi exklusiv um Kannergeld louch, also op der monetärer Ënnerstëtzung vun den Elteren, konzentréiere mer eis haut verstärkt op d'Offer vu Sachleeschungen. Fir sécher ze sinn, dass déi staatlech Ënnerstëtzung wirklech beim Kand ukënn, gëtt et kee bessere Wee, wéi déi finanziell Ënnerstëtzung u Saachleeschungen ze koppelen.

En éischte Schratt hei gouf am Joer 2017 gemaach mat der Aféierung vun der gratis Kannerbetreierung. Säitdeem kann all Kand tëschent null a véier Joer 20 Stonne gratis Betreierung an enger Crèche kréien.

Nieft der Gratuitéit, an dat ass mir immens wichtig, stoung awer och d'Fërderung vun der Méisproochegkeet am Vierdergrond vun dëser Reform. Duerch d'Aféierung vun der méisproocheger Frëfërdung konnt d'Regierung also net just eng sub-stanziell Entlaaschtung fir d'Elteren erreechen, mee och d'Integratioun vun alle Kanner hei am Land verbesseren. All Kand soll Accès hunn op en héichwäertegen, méisproochegen Unterrecht, an zwar onofhängeg vu sengem sozioekonomesche Background. Déi méisproocheg a gratis Erzéiung erlaabt eis, de Problem vun de sozialen Ongläichheete bei der Wuerzel unzepaken a schonn am fréisten Alter opzehiewen.

2018 kouw eng zweet gréisser finanziell Entlaaschtung fir d'Elteren derbäi, an zwar d'Gratuitéit vun de Schoulbicher am Lycée. Während dem leschte Schouljoer konnt eng Famill an der Moyenne 212 Euro spueren - eng Valeur, déi awer jee no Klass, kann eropgoe bis op 450 Euro, pro Schüler wuelvstanen.

Nieft dësen zwou Sachleeschunge wëll ech awer och un d'Reform vum Congé parental erënneren, déi d'Regierung Enn 2016 ëmgesat huet. D'Flexibiliséierung vum Congé, an och d'Eropsetze vum Plafong, war e grouse Succès an huet den Elteren erméiglecht, méi Zäit an d'Erzéiung vun hire Kanner ze stiechen.

2018 kouw eng weider Ännerung, déi virun allem d'Pappe gefreet huet, an zwar d'Eropsetze vum Pappecongé vun zwee op zéng Deeg. Dat betrëfft fir de Moment just d'Salariéeën, mir sinn awer gudder Hoffnung, dass mer dat doten och kënne fir d'Independanten ëmsetzen.

D'Regierung erméiglecht den Elteren zu Lëtzebuerg also däitlech méi Zäit mat hire Kanner. An dat ass - do si mer eis alleguerten eens heibannen, mengen ech - dat Wichtigst! Mir hunn et fäerdegbruecht, dass Fraen a Männer sech zu Lëtzebuerg net méi tëschent hirem Beruff an hirer Famill entscheede mussen. Op deem Wee wëlle mer weiderfuere. Mir wëllen den Elteren nach méi Flexibilitéit an Zäit mat hire Kanner erméiglechen, Stéchnuert dozou - et ass virdrun ugeklongen -: „Work-Life-Balance“.

Och nei Saachleeschunge fir Kanner hänken den Ament an der Pipeline, esou zum Beispill d'gratis lessen an de Schoulkantinnen. Mir musse sécherstellen, dass all Kand eng waarm a gesond Moolzecht a senger Mëttespaus kritt. Domadder ënnerstëtze mer net nëmmen déi lokal a regional Produzenten, mee et ass mir wichtig, dass all Kand d'Chance kritt, gesond ze iessen, d'Chance kritt, vill Neies ze probéieren, an d'Chance kritt, och alles ze schmaachen.

Ech wëllt an deem heite Kontext vläicht ganz kuerz op d'Kritik vum Här Wilmes agoen, wat de Plaffong ueget. E Stot mat véiermol dem Mindestloun ass ugeschwat ginn. Bon, Här Wilmes, ech héieren de Kolleeg Gilles Roth quasi bei all Interventioun vum MëtTELstandsbockel schwätzen, deem mer mussen hëllefen. Ma dat hei ass ganz kloer eng Mesure, déi déi kleng Leit ënnerstëtzt, awer och déi Leit mat engem mëttleren Akommes. An dofir sinn ech der Meinung, dass dee Plaffong vu véiermol de Mindestloun fir e Stot absolutt gerechtfertegt ass.

(*Interruption*)

Gradesou frou sinn ech iwwert d'Noriicht, dass d'Maison-relaisen ab der nächster Rentrée während de Schoulwoche gratis ginn. Nodeems mer d'Kannerbetreierung mat de Chèque-servicë vun null bis véier gratis gemaach hunn, wäert an Zukunft also och d'Erzéiung fir déi méi al Kanner dorënner falen. An och dat ass erëm eng Kéier, mengen ech, eng sub-stanziell Entlaaschtung fir d'Familljen.

Et ass wichtig, dass mer d'Elteren, déi Froen hunn iwwert d'Erzéiung an d'Entwécklung vun hirem Kand, ënnerstëtzen. Dofir wäert d'Regierung an alle 15 Schoulregiounen sougenannt „Eltereform“ schafen. Op dëse Plaze kënnen Eltere beienee kommen, fir Rotschléi an Informatiounen iwwert d'Ënnerstëtzung vun hirem Kand ze kréien.

An och wann et an dësem Beräich vun der Kannererzéiung, mengen ech, keng absolutt Wourechte gëtt, mat Sécherheet eng wëssenschaftlech Wourechte gëtt, ass et wichtig, dass ee sech Froe stelle kann an dass een och Plazen huet, wou een eng gewëssen Expertis ka kréien. Heiansdo geet et schonn duer, dass een einfach mat anere Leit schwätzt. Heiansdo geet et schonn duer, dass ee sech mat anere Leit austauscht fir ze gesinn, dass een net eleng ass, dass een net deen Eenzege ass,





deen Zweifel huet an der Erzéiung, dee Froen huet an der Erzéiung, dee Bedenken huet an der Erzéiung. An dofir, mengen ech, dass déi Initiativ hei vun den Elterefore ganz wichteg ass an och wäert, dov u sinn ech iwwerzeegt, e groussen Uklang fannen.

De sozioekonomesche Kontext, d'Mammesprooch an de Migratiounshannergrond hunn nach ëmmer e groussen Afloss op de schoulesche Parcours an och op d'Reussite vun de Kanner an der Schoul. Jo, mir hunn eng ganz Rei vu Mesuren ergraff, fir d'Chancëgläichheet ze erhéijen: en ëmfaassenden Inklusiounsprogramm fir Schüler mat spezifesch Besoinen, e modernen, differenzéierte Sproochen-unterricht, eng Offer un Nohëllef an awer och d'Differenzéierung vun der Schouloffer duerch nei Schoulen, mat neien, innovative pedagogesche Konzepter.

Mir dierfen allerdéngs net hei ophalen - op kee Fall! -, mee mir mussen weider intensiv Efforten ënnerhuelen, fir de Schüler déi beschtméiglech Zukunftschancen ze bidden. An deem Kader huet den Educationminister Claude Meisch eng weider Mesure fir d'Ënnerstëtzung vun de Schüler annoncéiert, an zwar déi gratis flächendeckend Hausaufgabenhëllef am Fondamente. Besonnesch déi Kanner, déi net doheem kënnen gehollef kréien, besonnesch déi Kanner, wou keen doheem ass, sollen a wäerten hei kënnen gehollef kréien. A si sollen och, souwäit et geet, vun dëser Offer profitéieren.

Wéi Der gesitt, gëtt souwuel am Educationsmistère wéi och am Familljemistère konstant un nei Projeten a Gesetzter geschafft, fir de Kanner deen néidege Kader ze bidden, dee si fir d'Léieren a fir eng positiv Entwécklung brauchen. Op där enger Säit hunn d'Elteren daitlech manner Käschte fir d'Bildung vun hire Kanner ze droen. Op där anerer Säit kënnen se, dank der Flexibiliséierung vum Eltercongé, méi Zäit an d'Erzéiung vun hire Kanner investéieren.

Ob e Jonke sech wuelfillt, hänkt allerdéngs net just vu senger schoulescher Leeschtungen of an och net vu sengem familiäre Background. Et gëtt eng Hellewull vu Facteuren, déi sech op d'Wuelbefanne vun de Kanner auswirken. Eng effikass Schoul- a Familljepolitik geet also bestëmmt net duer, fir déi positiv Entwécklung vun deene Jonken ze garantéieren.

Am leschten Deel vu menger Interventioun wëllt ech dofir gär zwee Punkten thematiséieren, wou et menger Meinung no och nach Handlungsbedarf gëtt.

Éischtens, de Respekt vun der Meinung vun de Kanner a Jugendlechen an dat systematescht Matabezéie vun deene Jonke bei politeschen Decisiounen. Do gëtt et scho vill flott Initiativen hei am Land. Ech mengen, mir kenne se. Mir kennen d'Jugendparlament, mir kennen de Jugendrot, mir kennen den Zentrum fir politesch Bildung, deen deene Jonken d'Politik méi no soll bréngen.

A sengem Rapport réit eis den OKaJu, den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher - deem ech vun dëser Plaz aus wëllt Merci soen, him a sengem ganze Staff, fir deen éischte Rapport, dee se eis presentéiert hunn - zu engem reegelméissem Austausch mam Jugendrot an e réit eis och, de Jugenddësch weider auszubauen.

An deem Kontext begrësse mir als Demokratesch Partei ganz, ganz besonnesch, dass an der neier Verfassung d'Rechter vun de Kanner nach méi gestärkt ginn. Bei allen Decisiounen, déi eis Kanner betreffen, soll hiren Interessi ëmmer un éischter Plaz stoen. Allgemeng, bei allem, wat e Kand betrëfft, soll et och kënnen seng Meinung dozou soen. A mir solle lauschten! An all Kand huet e Recht op Schutz an dorop, dass him all déi néideg Mëttel zur Verfügung gestallt ginn, fir dass et sech ka kierperlech wéi och mental gesond a vollkomme fräi entwéckelen. Et gëtt ëmmer gesot: „Aus Kanner gi Leit.“ An dofir ass et wichteg, dass mir si op hirem Wee beschtméiglech begleeten.

Deen zweete Punkt, dee mir besonnesch um Häerz läit, an, ech mengen, eis alleguerten heibannen, dat ass d'Santé mentale bei de Kanner a bei deene Jonken. Déi mental Gesondheet vun de Jonken an eise Bierger dierf eis net egal sinn. A si ass eis och net egal! Mee op alle Fall huet de Jugendrot dee leschte Freideg nach eng Kéier op déi doten Thematik opmierksam gemaach.

Mir Mënsche si sozial Liewewiesen. Mir brauchen de soziale Kontakt. Mir brauchen och de physische Kontakt mat eise Léifsten. Während der aktueller Pandemie goufen dës Kontakter allerdéngs ageschränkt, wat zu méi oder manner schlimme Konsequenze fir eis mental Gesondheet gefouert huet. A besonnesch déi Jonk hate mat der Distanzéierung a mat de Kontaktverbueter ze kämpfen. Dat kënnt am ëffentlechen Debat vläicht heiansdo ze kuerz. Mee och déi Jonk hunn hiren Deel an dëser Kris derzou bäigedroen, fir déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft ze schützen.

D'Pandemie huet eis gewisen, wéi fragill eise Geescht ka sinn. Dofir mussen déi mental Gesondheet

zu enger vun de Prioritéite vun eiser Gesondheetspolitik ginn. Mir müssen den Accès zu professioneller Hëllef am psychesche Beräich méi séier a méi liicht gestalten. An deem Kader sinn ech frou, dass d'Regierung annoncéiert huet, fir d'hächest Joer, also fir 2022, e Plang vun der mentaler Gesondheet virstellen.

E Problem, dee mer esou séier wéi méiglech müssen upaken - mee en ass awer net mam Zauberstaf ze léisen, soss hätte mer et scho gemaach -, dat ass, de Mangel u Personal an der Kannerpsychiatrie unzegoen. Ech begrëssen awer, dass déi zoustänneg Ministèren u Léisunge schaffen, fir de Beruff vum Pedopsychiater méi attraktiv ze maachen.

Hei dernieft mussen mer onbedéngt d'Diskussiounen mat der Krankeess iwwert de Remboursement vun der Psychotherapie virufléieren. A mir müssen och endlech hei op e Schluss kommen. All Mënsch soll Accès op eng psychologesch Hëllef hunn, egal aus wéi engem sozioekonomesche Milieu e kënnt. Besonnesch bei deene Jonken dierf mer keng Zäit verléieren a müssen hinnen esou schnell wéi méiglech déi néideg Ënnerstëtzung ubidden.

Vu datt déi Jonk dee gréissten Deel vun hirem Alldag an der Schoul verbréngen, ass de Service psycho-social et d'accompagnement scolaires eigentlech ideal placéiert, fir deene Jonken eng schnell an eng gratis psychologesch Hëllef unzébidden. Leider stelle mer fest, dass déi mental Gesondheet awer nach ëmmer e gewësse Tabutheema ass an dass d'Schüler sech oft net trauen, d'Servicer vum SePAS an Usproch ze huelen, dat aus Angscht viru Stigmatiséierung, dat aus Angscht viru Mobbing.

Och dat ass eis e Freideg vum Jugendrot matgedeelt ginn. An ech mengen, et ass ganz, ganz wichteg, dass mer d'Theema vun der mentaler Gesondheet an der Schoul upaken an dass mer d'Theema haapt-sächlech enttabuiséieren. Well ech mengen, dass am SePAS genau déi richteg Leit sinn, fir kënnen Hëllef ze leeschten.

Här President, ech kommen zum Schluss. Op de Säite vun der Oppositoun gouf oft kritiséiert, den Aarmutrisiko wär an deene leschte Jore konstant an d'Luucht gaangen. Et gëtt oft kritiséiert, déi sozial Schéier géif hei zu Lëtzebuerg auserneegoen an et géif och net genuch gemaach ginn, fir d'Eltere an hir Kanner ze ënnerstëtzen.

Dir verstitt, ech gesinn dat natierlech ganz anescht. Ech wëll dofir nach just ganz kuerz ënnersträichen, wéi vill d'Regierung innerhalb kierzter Zäit awer trotzdem am Beräich vun der Familljepolitik ënnerholl huet: finanziell Entlaaschtungen a Form vu gratis Kannerbetreuung a gratis Schoulbicher, eng besser Work-Life-Balance duerch d'Eropsetze vum Pappecongé, eng méi grouss Integratioun an der Schoul fir déi friemsproucheg Kanner duerch d'Offer vu méisproochegem Unterricht, besser Start- an Zukunftschancë fir eis Kanner. D'nächst Joer kënnt jo dann nach den Ausbau vun der Kannerbetreuung derbäi, d'Hausaufgabenhëllef kënnt derbäi, de Museksunterricht kënnt derbäi, d'lessen an de Schoule kënnt derbäi. An dat alles wäitgeeënd gratis.

An dëse schwierigen Zäiten ass et wichteg, déi mental Gesondheet am Vierdergrond ze halen. Mir dierfen net riskéieren, dass eis jonk Leit e laangfristeg Schued aus dëser Kris zéien. D'Wuelbefanne vun de Kanner a vun deene Jonke muss a wäert eng vun den Hauptprioritéite vun eisem politesche Schaffen an deenen nächste Jore bleiwen.

Bei der DP wäerte mer eis derfir asetzen, dass d'Stëmm vun de Kanner méi Gewicht kritt. Déi Jonk solle gehéiert an hir Meinung a Rechter respektéiert ginn. Mir müssen hinnen nolauschten an si gezielt ënnerstëtzen. Nëmme esou kënnen mer hinnen eng Welt schafen, an där si sech wuelfillen. Eng Welt, an där si sech zu fräien a staarke Mënschen entwéckele kënnen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschtenen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gilles Baum. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, viru gutt annerhallwem Joer, am Fréijoer 2020, hunn déi meescht vun eis op eemol müssen e bësse méi lues trëppelen. All d'Manifestatiounen sinn no an no ofgesot ginn, soudass mer op eemol vill méi Zäit fir eis haten. Eis soss esou séierlieweg Gesellschaft huet op eemol gerascht. An dunn huet muncheree sech Gedanken gemaach iwwer säin, jo, iwwer eist Wuelbefannen.

Haut, wou d'Ekonomie erëm uspréngt, fäerten ech, dass dës Gedanken iwwer eist Wuelbefannen awer leider schonns erëm bei ville vergiess sinn. Dofir begrëssen ech dës Interpellatioun iwwert d'Wuelbefannen, de Bien-être, a méi spezifesch dee vun de Kanner, a soen den Initiateuren och dofir villmools Merci.

Mee wat ass de Bien-être? Kuckt een am Dictionnaire no, da fënnt een engersäits eng Äntwert, déi mat Confort, also mat enger materieller Situatioun ze dinn huet. Anerersäits fënnt een awer och eng Definitioun, déi engem subjektive Gefill entsprécht a méi no bei der Notioun vum „Glécklechsin“ ze fannen ass. Féiert een dës zwou Definitiounen zesummen, kënnt een op eng Notioun, déi souwuel e materielle Wuelstand wéi awer och e subjektiv Gefill erëmspigelt.

A menger Interventioun elo iwwert de Bien-être bei de Kanner wäert ech probéieren, op dës zwee Aspekter anzegoen.

Fir d'éischt awer nach eng Remark. Och mir hunn eis Interventioun an zwee Dealer opgedeelt: Am éischten Deel wäert ech da méi besonnesch op d'Wuelbefanne vun de kleng Kanner agoen, ier meng Kollegin Francine Closener dann duerno de Bien-être aus der Siicht vun de Kanner wäert thematiséieren, déi schonns am Alter sinn, fir an d'Schoul ze goen.

Här President, mëttlerweil gëtt kaum méi a Fro gestallt, dass déi éischt Joren aus dem Liewe vum Kand entscheedend si fir seng spéider Entwécklung. Dat gëllt besonnesch fir d'Bindung, déi an deenen éischte Méint a Joren tëscht dem Kand a sengen Elteren opgebaut gëtt.

Wann dës Bindung, aus wéi enge Grënn och ëmmer, net staark genuch ass, si spéider Konsequenze fir d'Kand, an deem sengem Entourage, net auszeschleissen. D'Kand kann, esou heescht et dann dacks, opfalend ginn. An dat ass dann net am positive Sënn gemeengt.

Laut dem Psycholog Gilbert Pregno, dee schonns am September 2018 e gréisseren Text zu dësem Thema am „Wort“ publizéiert hat, gëtt et ëmmer méi Kanner - an déi gëtt et och elo nach ëmmer! -, déi ënner engem net adequate familiären Ëmfeld leiden. Ech schwätzen hei och net vun Häertefäll, vu Kanner, déi Traumaen ausgesat gi sinn, mee vu Kanner, déi a méi oder manner duerchschnëttleche Famillje liewen an trotzdem op eng gewëssen Aart a Weis onglécklech sinn. Dëst, well se net genuch Opmierksamkeit vun hirem Entourage an, op éischer Plaz, vun hiren Eltere kréien, dacks, well dës duerch aner Tächë méi beschäftigt sinn. Elteren, fir déi, aus deenen ënnerschiddlechsten Ursachen, d'Education vun hiren eegene Kanner net hir Prioritéit ass oder och heiansdo net ka sinn, an déi sech däers vläicht emol guer net richteg bewosst sinn, déi net matkréien, dass si misste méi Energie an dacks einfach méi Zäit fir hir Kanner opbréngen. D'Education gëtt dann op d'Schoul oder op d'Crèche respektiv d'Maison-relais weidergedréckt.

D'Resultat ass da leider, dass d'Kanner an en affektiiv Lach kënnen falen, wat Strukture wéi d'Schoul oder d'Maison relais natierlech och net ëmmer esou direkt fëlle kënnen. An do falen dës Kanner dann op eemol op. Wéi gesot, leider net am Gudden.

Dëst affektiiv Lach beschreift de Gilbert Pregno weider als eng Zort Manque, ënnert deem d'Kand leit. A fir Opmierksamkeit ze kréien, bleift dem Kand näscht Weideres iwwreg, wéi d'Limitten ze iwwerschreiden. Am Ufank ass dat Verhalen eng Aart Hëllefrouf, fir op sech opmierksam ze maachen. A wann et funktionéiert, da kann dat mat der Zäit zu enger Gewunnecht ginn. Natierlech reagéieren d'Erwuessen, an zumindest och déi an de Strukturen, dann drop, andeem se d'Kand vernennen oder eventuell souguer bestrofen. D'Wahrscheinlechkeit, dass esou Kanner och méi Schwieregkeeten hunn, fir sech Kolleegen ze sichen, ass och ëmmer méi grouss, wat dat Kand dann nach weider erofzitt, a säi Manque gëtt nach ëmmer méi grouss. Mee well d'Opfale seng eenzeg Strategie ass, hält et dru fest an iwwerscheit weiderhin d'Limitten. Et ass u sech en Däiwelskrees.

Dës Problemer falen da meeschtens op, wann d'Kand schonn an d'Schoul geet. Mee d'Ursachen dofir sinn eigentlech schonns virun ze fannen.

Dofir ass eng proaktiv Politik néideg, déi och fir méi sozial Gerechtegkeet surgen kann, an ass an dësem Fall eeben extreem wichteg. Dat soll och net just e Slogan fir eng Walbroschür sinn, mee konkret um Terrain ëmgesat ginn. Dofir sinn ech ganz frou, dass mer e modernt Recht op Congé parental hunn, dass ëmmer méi jonk Elteren, Mammen a Pappen, dovunner Gebrauch maachen. An dat ass en essenziell Element, fir déi Bindung mam Kand ze stäerken.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).** - Et brauch awer och op alleréischer Plaz eng gutt Informatioun fir déi jonk Elteren - an dat hunn och scho Leit hei virdu gesot -, am beschten nach, iert de Bébee op der Welt ass. Mee och wann e just d'Dageslicht erbléckst huet, ass et net ze spéit.

Säit Jore scho mécht jo d'Ligue médico-sociale eng gutt Aarbecht an dësem Domän. D'Associatioun „Hëllef fir de Puppelchen“ ass och nach e weideren Acteur, deen deene jonke Famillje ka bei eventuelle

Problemer hëllefen. Och d'Eltereschool vum Kannerclass vu Suessem huet vill Formatiounen am Beräich Kannererzéiung unzébidden. Ech vergiesen elo ganz sécherlech nach ganz vill aner Associatiounen, déi dat och maachen. Also erlaabt mer, dass ech se elo net all hei nennen.

Ech wollt awer vun enger Initiativ schwätzen, déi mir um Häerz läit an déi ass och schonn haut de Mëtteg ugeklonge vun Initiateur selwer: Dat ass de Service BabyPLUS. Deen ass mëttlerweil an enger Rei vu Gemengen aktiv, dëst eeben an Zesummenaarbecht mat der Initiativ Liewensufank, déi do derhannerstécht. Dës Aktioun baséiert drop, dass déi éischt Jore beim Kand eeben extreem wichteg si fir déi spéider Entwécklung, mee och, wéi grad beschriwwen, säi sozialt Verhalen a seng Perséinlechkeet.

2007 hat d'Initiativ Liewensufank e Projet pilote mat der Gemeng Déifferdeng lancéiert. Mëttlerweil maachen dann eng gutt hallef Dose Gemenge bei dësem Projet mat. An dorënner och déi Gemeng, déi ech ganz gutt kennen: Suessem eeben.

Ech wollt lech kuerz soen, wourauser dës Projet besteet fir déi, déi et net wëssen. Wann déi jonk Elteren hiert Kand op d'Gemeng aschreiwe kommen, da gi se gefrot, ob se averstane sinn, dass hir Coordonnéeën un d'Ekipp vum Service BabyPLUS weidergi ginn. Déi huelen da Kontakt mat den Elteren op a proposéieren eng Visitt bei hinnen doheem. Bei dëser Visitt stinn da Mataarbechter vum Service - dat kënnen Hiewannan, Assistants sociaux, Pedagogen oder nach anerer sinn - den Eltere bei Alldagsfroe Ried an Äntwert. Well als jonk Elteren ass een nun emol séier iwwerfuert. Et deet da gutt, wann een do Leit huet, mat deenen ee kann iwwer Alldagsproblemer schwätzen, an dat a sengem Doheem, net onbedéngt an enger Praxis oder am Spidol.

Mee zousätzlech erlaabt et de Mataarbechter vum Service BabyPLUS, en Abléck bei d'Leit doheem ze kréien a feststellen, a wéi enge Verhältnisser de Bébee opgezu gëtt. Do, wou et néideg ass, kënnen si dann och eng Hand matupaken, fir op eng eventuell sozial Schifflag opmierksam ze maachen, an do d'Elteren ermonteren, sech hëllefen ze loosse, an hinnen ze weisen, dass se net eleng sinn.

Selbstverständlech ass dës Service elo eleng kee Wonnermëttel. Et soll och op kee Fall eng Konkurrenz sinn zu der Ligue oder zu all deenen anere Servicer. Mee ech sinn iwwerzeegt dovunner - och opgrond vun eisen Erfahrungen zu Suessem -, dass dës Service et derwäert ass, dass all déi aner Gemenge sech deen och ukucken an datt se sech deem vläicht uschlësse sollen, ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).** - ... fir de jonken Elteren iwwerall am Land kënnen eng Stäip ze bidden an deem Moment, wou sech hiert Liewe fundamental ännert a si eng nei Roll unhuele müssen - dofir ass dat ganz wichteg -, a fir dass déi eng oder déi aner Schifflag oder éischer kann identifizéiert ginn. Dëst wier nämlech dann eng konkret proaktiv Politik, déi fir méi Chancégerechtegkeet kéint surgen.

A wann ech vu Chancégerechtegkeet schwätzen, wëll ech och hei net mëssen, iwwert d'Gläichstellung tëscht Mann a Fra ze schwätzen. Et ass wichteg, dass mer am Kader vum Bien-être och bei de Kanner selwer usetzen, dass si sech fräi no hiren Interessen an Talenter entwéckele kënnen an net no hirem Geschlecht - Stéchuert: „Stereotypen“. An dogéint setze mir eis als LSAP och ganz konkret an.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).** - Ech wollt awer och kuerz op eng aner Problematik agoen, déi och mam Bien-être vun de Kanner ze dinn huet an déi och, zumindest zum Deel, mat der Bindung tëscht Kanner an Elteren ze dinn huet: Dat ass de Fait, dass Kanner heiansdo vu moies 7:00 bis owes 19.00 Auer an der Maison relais oder Crèche ageschriwwen sinn. Ech wëll elo net falsch verstane ginn. Natierlech soll et allen Elteren - Fra a Mann, an d'Betounung läit hei och op „Fra“ - erméiglecht ginn, hirem Beruff nozegoen. Natierlech gëtt et Beruffer, wou een eebe méi gefrot ass, déi zum Beispill Schichte schaffen, mee et soll awer net zur Reegel ginn, dass d'Kanner just nach an der Maison relais betreit ginn an ëmmer manner doheem.

Aus menger Beruffserfarung selwer weess ech vu Kanner, déi de ganzen Dag iwwer an der Crèche oder an der Maison relais waren a souguer och, wann d'Eltere Congé haten, an der Maison relais bliwwen sinn. Et ass dann evident, dass déi Bindung mam eegene Kand net besser gëtt. Dat heescht, déi leit dorënner. Ouni da vun der erzéierescher Roll ze schwätzen, déi d'Eltere fir hir Kanner solle spillen an déi dann op d'Maison relais ofgi gëtt.

Nach eng Kéier: Et geet mer hei net dorëms, fir fir e Modell ze plädéieren, dee virun net allze laanger Zäit nach Norm war a wou een Elterendeel, meeschtens war dat d'Fra, doheembliwwen ass, fir sech ëm





d’Kanner ze këmmere. Et ass wichteg a richtig, dass et haut eng grouss Offer u Betreuungs-méiglechkeete gëtt. An et ass och richtig, dass se nach weider ausgebaut soll ginn. Well mer hu jo elo deslescht an der Press gesinn, dass et nach ëmmer net flächendeckend ass an dass do nach Loft no uewen ass.

Et ass och richtig, dass op ville Plazen eng qualita-tiv héichwäerteg Aarbecht an de Strukture gelescht gëtt. Dat ass eeben och e wichtegt Ele-ment, wa mer vum Bien-être vum Kand schwätzen. Mee et däerf een d’Offer als eenzel Elteren och elo net komplett ausreizen. Dofir, fannen ech, misst een driwwer nodenken, eng Limitt u Stonne virzege-sinn, déi een als Kand an enger Maison relais net iwwerschreiden däerf. Ech weess, dass dat a ganz ville Gemenge schonn de Fall ass iwwer Règlement interne, wou dat dann och do festgehalé gëtt. Idealerweise misst een dat vläicht op nationalem Niveau kënnen festleeën, fir dass et och net zu Konkurrenzsituatiounen tëscht de Gemenge kéint kommen. An et misst och derfir gesuergt ginn, dass Eltere musse wärend 26 Deeg Congé huelen, deen hinnen zegutt steet, fir dann och selwer no hire Kanner ze kucken.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).** - Et ka jo awer net am Sënn vun de Kanner sinn, dass, wann d’Eltere Congé hunn, d’Kanner an där Zäit trotz-deem an der Crèche oder an der Maison relais musse sinn.

Dës zwou Korrekturé géife jo dann och vläicht der-zou bäidroen, dass méi Loft an de Strukture wär fir Leit, déi aktuell op enger Liste d’attente sinn an déi et dréngend néideg hätten.

Nach eng Kéier: Dat heite soll net verstane ginn als en Discours géint Betreuungsstrukturen oder Crèchen a Maison-relaisen! Ech komme selwer aus deem Be-ruffsmilieu an ech sti voll a ganz hannert dësem Mo-dell. Mee et ass en Discours, fir verschidden even-tuell Feelentwécklungen, déi elo an der Zäit geschitt sinn, ze recadréieren. Dofir ass dat och wichteg fir mech, fir d’Wuelbefanne vun eise Kanner.

Ech hunn elo vill vu Bindung tëschent Kanner an hi-ren Eltere geschwat. Mee Dir wësst: Et ass heiansdo - a leider ëmmer méi dacks - och esou, dass d’Bin-dung tëscht den Elterendeeler selwer net grouss genuch ass, an et kënn zu Trennunge respektiv Scheedungen. Wat u sech jo dann och net anormal ass, well et huet jo kee Wäert, bei engem ze bleiwen, wann een en net méi gären huet.

Mee fir d’Kanner ass dat ni einfach. Virun allem, wann d’Elteren am décke Sträit mateneen aus-neeeginn. Dofir sinn ech frou, dass mer säit 2018 e modernt Scheedungsgesetz hunn. Elo kënnen nämlech déi Situatioune verhënnert ginn, an deenen, well deen een Elterendeel deem aneren huet mussen d’Schold zouweisen, e Krich tëscht den Eltere provoziert ginn ass. An déi Leiddroend dovunner ware wéi ëmmer erëm d’Kanner.

Dat bedeit awer net aus Siicht vun de Kanner, dass eng Trennung elo ouni Konsequenze fir si wär. Dofir däerfe mer de Kapp net an de Sand stiechen. Mir mussen an eiser Gesellschaft dëser Realitéit an d’Ae kucken an eis och do Mëttele ginn, fir deene Kanner ënner d’Äerm ze gräifen, virun allem deene ganz klengen, fir dass si verstinn, dass et net un hinne läit, wann hir Elteren d’Entscheidung huelen, sech ze trennen. Wichteg ass et och, dass et Plaze gëtt, wou hinnen nogelauschtert gëtt a wou hinnen esou gehollef gëtt, hir Plaz erëmfannen, zum Bei-spill och an neie Patchworkfamilljen. Dat ass jo och net ëmmer ginn.

Dat ass en Element, wat ee muss am Kapp hunn, wann ee modern Familljepolitik wëllt maachen. Et ass mir wichteg, dat hei och nach eemol ze ënner-sträichen. Well och dat ass eng Fro vu Wuelbefan-nen, wat ëmmer méi Kanner am jonken Alter betrëfft.

Gläichzäiteg wëll ech awer och op eppes hiweisen, wat eiser Meenung no hei am Land nach net genuch an Usproch geholl gëtt, an zwar d’Media-tioun. Och wann eng Mediation vis-à-vis net all Koppel, déi um Auserneebräichen ass, rette kann, esou ka si awer bestëmmt an deem engen oder aner Fall hëllefen, d’Schierbelen nees zesummenze-pechen oder op d’mannst am Gudden auserneenze-goen.

Aktuell gëtt et ëmmer méi Gemengen, déi Media-tiounsservicer ubidden, déi am Fall vun Noper-schaftssträit solle vermëttelen. Ech denken elo, dass do och e grouss Potenzial ass fir Koppele respektiv Familljen, wou et vläicht net esou gutt leeft.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).** - Do mis-sen Ureizer geschafe ginn, fir zum Beispill Forma-tiounen vun neie Mediateuren ze ënnerstëtze respec-tiv fir d’Leit iwwerhaapt op déi Offer opmierksam zu maachen. Et ass jo och net esou, dass guer näscht geschitt an deem Domän. Ech denken och do un Associatioune wéi Pro Familia oder de Familljen-

Center. Mee ech mengen, dass och do nach Loft no uewen ass. Dat ass e wichtegt Element, wat och am Zesummenhang mam Wuelbefanne vun de Kanner steet, wat vläicht och net dacks genuch erwäant gëtt.

En anere Sujet, dee mer an deem Zesummenhang wichteg ass, ass eeben dee vun der mentaler Gesondheet. Deen ass jo och schonn haut hei uge-schwat ginn.

Et ass esou, dass d’Kanner do natierlech am stäerkste betrëfft sinn. An et ass och wichteg, dass mer wëssen, wéi mer domadder ëmginn. Et ass also kee Phenomeen, deen esou mir näscht, dir näscht elo op eemol an engem sengem Kapp op-taucht, och wann dat haut heiansdo esou wouerge-holl gëtt. Mee esou einfach Spréch wéi „Rapp dech!“ oder „Et gëtt aner Leit op dëser Welt, deene geet et jo vill méi schlecht!“, mat deenen ass engem net ge-hollef. Dofir ass et wichteg, deen Tabu, deen et haut nach ëmmer ronderëm dat Theema vun der mentaler Gesondheet gëtt, ze brieche an eis d’Moyenen ze ginn, domadder ëmzegoen.

A well dat hei schonns thematiséiert ginn ass, wëll ech elo net méi ze vill an den Detail goen, ech er-labe mer just, op eng rezent Broschür vun der Unicef hinzuweisen, déi heescht: « La situation des enfants dans le monde 2021 », déi ëm d’mental Gesondheet geet an zu där och e Complément luxembourgeois gehéiert.

Do ass, ënner anerem, e ganz interessanten Temoi-gnage vun enger jonker Fra, där ech fir hire Courage hei wëll felicitéieren, fir esou offe mat hirem Fall ëmgaangen ze sinn, an déi och Problemer benennt, deene si op hirem Wee vun der Besserung begéint ass. Eng vun hiren Aussoen ass, dass et e Problem ass, dass d’Seancé bei de Psychiatere vun der Krankekeess rembourséiert ginn, d’Seancé bei de Psychotherapeuten awer net, wat als Konsequenz huet, datt vill Leit, an och si selwer, an enger éischter Phas bei e Psychiater ginn an net bei e Psychotherapeut, woubäi sech am Nachhinein erausgestallt huet, dass dat net dee richtege Wee fir si wär.

Dofir ass et wichteg, an och dat ass jo schonn hei ugeklongen, datt och de Remboursement vun de Consultatiounen an de Behandlungen bei de Psycho-therapeute kënn, fir dass net just déi, deenen et fi-nanziell besser geet, sech eng professionell Hëllef kënnen sichen, mee och déi aner, jiddwereen also. A mengen Informatiounen no sinn d’Verhandlungen mat der Federatioun vun de Psychotherapeuten no enger Paus erëm opgeholl ginn, mam Zil, elo och zu engem Ofschloss ze kommen. Dat ass dann e wiche-teg Schratt am Hibleck op d’Wuelbefannen an d’Gesondheet vun den Erwuessenen a virun allem awer och vun de Kanner an de Jonken.

Voilà, Dir konnt aus menger Ried eraushéieren, dass d’Wuelbefannen net just eng Fro vu materiel-lem Wuelstand ass, mee natierlech ass et leider och esou, dass et a Familljen, deenen et finanziell net esou gutt geet, ënner Ëmstänn méi schwierég ass, e gewësst Wuelbefanne vun de Kanner ze garantéieren. Dofir ass och eng weider Revendica-tioun an der Broschür vun der Unicef, nieft villen aneren, d’Aarmut an d’Ongläichheeten ze reduzéie-ren.

Dat ass natierlech en iwwergeuerdent Zil, dat mer heibannen all missten hunn. An dofir wëll ech och nach eemol un déi Mesuren erënneren, déi elo geholl ginn, fir de Familljen ënnert d’Äerm ze gräi-fen, deenen et net esou gutt geet: d’Erhéijung vun der Allocation de vie chère op d’nächst Joer an och d’Reindexéierung vum Kannergeld ab Januar 2022 an natierlech och déi sëllege Saachleeschungen, wéi 20 Stonne gratis Kannerbetreuung, gratis Schoulbicher. An ech mengen, et sinn der nach ane-rer genannt ginn haut an ech nenne se elo net all.

Och op europäeschem Plang gëtt et ganz vill Initia-tiven, fir der Kannerarmut entgéintzewierken an domat d’Wuelbefanne vun de Kanner ze stäerken. Am Juni 2021 huet de Conseil Européen d’Objek-tiver vun der European Child Guarantee geholl, e Sujet, wou den LSAP-Kommissär Nicolas Schmit vill dozou bäigedroen huet. An dat ënnerstëtze mir natierlech voll a ganz!

Dat sinn alles Mesuren, déi elo vläicht net direkt dozou bäidroen, dass d’Kanner sech besser spie-ren, mee ech mengen, dat llicht jiddwerengem an, dass, wann d’finanziell Situatioun vun den Eltere sech och nëmmen e bësse verbessert, dat fir man-ner Spannungen an der Famill suerge kann. An dat ass deemno dann och e Bestanddeel vun enger Po-litik vun Wuelbefanne vun de Kanner, fir déi ze ver-besseren - eng proaktiv Politik, also fir méi Chancëgläichheet, an dozou steet d’LSAP.

Ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Simone Asselborn-Bintz. An den nächsten age-schriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d’Wuert.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, wann een de Rapport vum Ombudsman fir Kanner a Jugendle-cher opschléit, ass een op de Säiten 18 bis 28 als éischt emol konfrontéiert mat enger Chronologie un Decisiounen, déi d’Politik geholl huet an déi en Im-pakt op d’Kanner a Jugendlecher an der Covid-19-Pandemie haten; zéng Säiten, déi alleguerten den Impakt vun dëser Kris op si dokumentéieren.

E puer ware freedeger Natur, wéi beispillsweis de 15. Juni 2020, wéi d’Pausen am Fundamental erëm konnten normal fonctionéieren, ouni Distancia-tiounen ënnert de Klassen, oder de 15. Juli 2020, wéi erëm d’Kolonien a Campe konnte stattfannen, déi ville Kanner, grad an deem Joer, e bësselche Va-kanz a Spill a Spaass erméiglecht hunn.

Genausou zéie sech awer och Aschränkungen duerch dat lescht annerhalleft Joer, frappant da fir eis ganz Gesellschaft - an do muss ech heibanne kengem eppes driwwer zielen -, mee eeben och ganz besonnesch fir déi Jéngsten, fir déi, déi dee grouse Chaos ronderëm sech oft guer net esou richtig verstinn oder déi, wa se e verstinn, net ëmmer déi selwecht Méiglechkeeten hu wéi mir, fir eegestänneg drop ze reagéieren, sou wéi mir dat als Erwuessener alt awer kënnen maachen.

Léif alleguerten, dësen Debat entkënn dem Kontext vun der Pandemie leider net. A mir hätten alle-guerte sécher genuch ze soe gehat, wann et se net gi wär. D’Wuelbefanne vun de Kanner a Jonken an eiser Gesellschaft muss ëmmer eng vun eisen éischte Prioritéite sinn, ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - ... als Elteren a Familljememberen, als Schoul- a Betreuungspersonal, a fir eis hei an der Chamber, déi mir Entscheedunge fir si all matzetreffen hunn.

Dës Entscheedunge mussen wuel informéiert geholl ginn. An dësen Debat, deen ech als enorm wichteg empfangen, hunn ech ënner genee dësem Aspect préparéiert. Merci dem Här Wilmes dofir, dësen Debat ugefrot ze hunn, an och alleguerte menge Virriedner/inne fir hir interessant Iwwerleeungen a Positiounen.

Esou eng wichteg Debat kann een nëmme féieren, wann ee mat de concernéierte Leit schwätzt a virun allem hinnen nolauschtert. An deem Sënn soen ech der Jugendkonferenz, déi entretemps „De Jugend-rot“ heescht - ech vergiessen deen neien Numm ëmmer erëm -, der CNEL, dem Jugendparlament an dem Jugendkonvent e ganz grouse Merci dofir, als Jonk hir Stëmm gehuewen ze hunn, hir Erfarunge gedeelt ze hunn an hir Doleancen a Gefillslagen a Wieder gefaasst ze hunn. Merci och dem Ombuds-man, hire Rapport an den dréngenden Appell fir d’Kannerrechter an dëser Zäit net ze vergiessen.

E spannenden Echange hunn ech mat de Kanner- a Jugendpsychiatere, Psychologen a Pediatere dierfe féieren, déi net just d’Gefillslag an d’Wuelbe-fanne vun hire Patienté wärend der Pandemie enk suivéiert hunn, mee och vill Suerge par rapport zu de Laangzäitfollgen op dës Generatioun geäussert hunn. Ech wäert an de kommende Minuten hir Avisen a Iwwerleeungen hei och wëlle mataflësse loossen.

Ech sot et schonn: D’Theema Covid a seng Konsequenzen hunn hir fest Plaz an dëser Debat. An ech wëll elo och domadder ufänken. Duerno wäert ech op d’mental Gesondheet vun dëser Gene-ratioun ze schwätze kommen, an uschlëssend wäert ech op d’Participatioun an den Alldag vu Kanner a Jonken agoen. D’Enn vun dëser Ried soll en fin de compte eng Visioun sinn, eng laangfristeg Visioun, wéi ech a meng Partei, wéi mir eis géife wënschen, dass d’Kanner an d’Jugendlecher vu muer an iwwermuer dierfen opwuessen.

Virewech: Vu wem schwätze mer hei? Vun deene Jéngsten aus der Gesellschaft, vun deenen, déi rezent gebuer goufen a quasi just Mënsche mat Maske kennen, bis zu deenen, zu deenen ech och iergendwou selwer nach dozougehéieren, de Jon-ken an hirer Transitiounsphas, am Erwuesseginn. De Jugendbericht schwätzt vun enger Alterskatego-rie vu Kanner a Jugendleche bis zum Alter vun 30 Joer.

Grad déi, déi méi al sinn, studéieren, maachen hir éischt Erfahrungen um Aarbechtsmaart an hunn och grad an dësen Zäite Krämpen, fir eng Wunneng ze fannen. Si sichen no Wunnengen a sinn iwwerall mat der Wucht vum neien Erwuesseneliewe konfrontéiert. De Politbarometer weist, dass déi 18-bis 24-Järeg mat 62 % vu sech soen, dass se hiren emotionalen Zoustand als belaascht aschätzen, an déi 25- bis 34-Järeg schwätzen zu 69 % vun dësem Zoustand.

Wat ass also wärend der Covid-19-Pandemie mat dëser jonker Generatioun tëschent null an 30 Joer geschitt? Déi genausten Zuelen hu mir fir de Beräich vun de Mannerjärengen: 14.000 Mineure goufe positiv op Covid-19 getest; ëm déi 100 waren hospitaliséiert; 93.000 Quarantäne goufe bei Mi-neuren ausgeschwat; a 40.000 Mineure waren do-

mat eng oder eeben och méi Kéiere betrëfft. Si hate kee gereegelten Alldag méi an all Woch war anescht. Si haten Angscht, hir Famill unzestiechen, selwer krank ze ginn, hir Prüfungen an Examen net ze packen, keng Sue méi ze verdéngen, kee Stage oder Job ze fannen. Si hate manner Beweegung, manner sozial Interaktiounen, manner Suivi psycho-social, well se hire CePAS, hir Jugendhaiser, hir En-seignanten, hir Therapeuten an Doktere manner konnte gesinn. Och, wann een um néng oder um eelef Auer muss doheem sinn, Homeschooling mécht oder a Quarantän sëtzt, huet ee grad do ganz besonnesch vill Zäit fir nozedenken, sech an d’Welt vum Internet ze flüchten an negative Gedanken ausgesat ze sinn.

Mir hunn et hei och schonn ëfters gesot an et ass evident: Do, wou et virdru scho Léierschwie-regkeete gouf, do, wou virdru scho mental Pro-blemer do waren, do, wou d’Relatioun doheem net esou gutt war, huet sech dës Pandemie wéi e Ver-grësserungsglas driwwergeluecht an huet d’Illega-litéiten an d’Problemer verschäerft.

Den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher mécht drop opmierksam, dass mer dem Risiko vun engem Rollback vun de Kannerrechter géintiwierstinn, dass mer déi Progrësen an Entwécklungen, déi gemaach goufen, riskéieren ze verléieren.

A sengen Analysen huet hien eng Rei wichteg Recommandatioune formuléiert. Esou weist de Charel Schmit drop hin, wéi wichteg d’Kanner-rechtskonventioun ass a wéi d’Rechter vun de Kanner bei all Entscheedung mussen gepréift a géi-gecheckt ginn. Och mir heibanne mussen d’Bewosstsi schäerfen dofir, wéi eng Repercus-siounen eis Gesetzer op d’Kanner hunn.

Et geet net duer, als Erwuessenen ze mengen ze wëssen, wat d’Kanner an déi Jonk brauchen, oder ze mengen ze wëssen, wéi et hinne geet. Aus mengem Politikverständnis an aus menger perséin-lecher Erfahrung ass et kruzial, dass mir reegelméis-seg mat de Kanner a Jonke schwätzen, dass mer hir Meenungen aflësse loossen a se eescht hue-len. Mir sollen hinnen also net nëmmen nolauschte-ren, mee och emol op si lauschteren.

Mir hate flott a wichteg Geleeënheeten an de leschte Wochen, dëst hei am Haus ze maachen, ob während dem „Zuch vun der Demokratie“ oder um Jugendkonvent. A mir mussen eist Haus hei an awer och eis Käpp als Politiker/innen opmaache fir dës Generatioun. Mir mussen mat hinnen, wou néi-deg, kanner- a jugendfrëndlech kommunizéieren, dobäi awer ëmmer oppassen, fir si seriö ze huelen a si och weider ze responsabiliséieren.

(**M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.**)

An der Pandemie ass dat, fannen ech, nach méi däitlech ginn. Och ganz Jonker spieren eis Suer-gen. Si gesinn d’Aschränkungen an hirem Liewen. A wa se de Bopa oder d’Boma net kënnen gesinn, ma dann hu si och d’Recht ze wëssen, wéisou.

Gläichzäiteg gëtt et awer och vill Jonker, déi scho villes verstinn an déi och selwer scho ganz villes ze soen hunn, mee déi awer och oft net déi selwecht Receptioun fir hir Messagé fanne wéi Erwuessener. Et ass sécher ganz schwéier, fir hei ëmmer déi rich-teg Wieder a Reaktiounen ze fannen, mee dee Ver-such si mer hinne schëlleg!

Här President, den Ombudsman setzt a sengem Rapport d’Kannerrechter an de Fokus. Mir hunn an der Pandemie leider misse verschidde Rechter aschränken, fir Mënscheliwwen ze schützen. D’Pan-demie ass nach ëmmer do. A mir schwätzen och leider weiderhin doriwwer, wat et bedeit, seng Fräi-heeten ze hunn, wann dat aneren hir aschränkt. Mee besonnesch elo, an enger Zäit, wou déi Jonk zrëckgestach hunn, fir anerer ze schützen, mussen mer hir Rechter an de Vierdergrond stellen. Deemno blécke mer mat héijer Erwaardung op de Plan d’ac-tion fir d’Kannerrechter, deen an der Ausschaffung ass a wou ech den Här Minister gäre géif froen, wou dësen drun ass.

Enk verbonne mat de Kannerrechter ass eng Doleance vum OKaJu, nämlech fir besser Statistiken iwwert d’Wuelbefannen, d’Signalementer an d’Zuele vun den Interventioune vis-à-vis vu Kanner a Jonken ze hunn. Nëmme wa mer eng méiglechst ëmfaassend an objektiv Bestandsopnam hunn, kënnen mer och, en toute connaissance de cause, Po-litik fir si a mat hinne maachen. Dowéinst wier ech och interesséiert, ob den Här Minister eis ka soen, ob esou e verbesserte Monitoring envisagéiert ass an ob de Minister dat als méiglech Missioun fir den Observatoire de l’enfance-jeunesse géif gesinn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi all Erwuessenen entwëckelen och Kanner an Jugendlecher hir Mechanismen, fir mat der Kris, der psychescher Belaaschtung an der Isolatioun ëmzegoen. Hei ass d’Individualitéit vun all Kand mat sengem sozialen Ëmfeld an eenzelnem Bagage evidentereis de Grond, fir ënnerschiddlecht Verhalen ze entwëckelen.

Op enger rezenter Table ronde vum Service „Im-puls“ ass et genee dorëmsen gaangen, ëm déi Jonk, déi virdru scho psychesch Schwieregkeeten haten,



an der ambulanter wéi an der stationärer Psychiatrie waren, ëm déi, déi a stationärer Behandlung waren an am Lockdown iwwer Wochen hir Elteren oder soss Kontaktpersounen an der Famill net konnte gesinn.

Och an de Kanner- a Jugendheemer war den éischte Lockdown e besonneschen Defi, deen déi Jonk, den Experten no, awer nach relativ gutt ewechgestach hunn. Gläichzäitig war beispillsweis d'Dagesklinik an der Pedopsychiatrie zou. A genee wéi aner therapeutesch Suivien, beispillsweis an der Drogenhëllef, huet missen op virtuell Kanäl eriwergewiesselt ginn, eng Offer, déi sech am Kader vum „Impuls“ zu engem ganz geniale Konschtoprojet entwéckelt huet, eng Noutléisung, déi et de Psychotherapeuten erlaabt huet, weider op eng ganz kënschtlersch a kulturno Aart a Weis mat de Jonken de Kontakt ze halen an auszebauen.

Kontakt halen: Queesch duerch de Secteur hunn d'Fachleit um Terrain dëst als de groussen Defi während der Kris identifizéiert, fir d'Kanner a Jonk net vum Radar ze verléieren, fir déi gemaachte Progrësen net verkommen ze loossen, fir d'Vertrauensverhältnis an d'opsichend Jugendaarbecht weiderhin héichzehalen. Vill Veräiner, Sportsclubb an Ulafstelle mierken, wéi schnell sech vill Jonker ofgekapselt hunn, sech dru gewinnt hunn, doheem ze sinn, online ze sinn, sech manner ze beweegen a sozial Kontakter ze reduzéieren.

An dese Constat, Kolleeginnen a Kolleegen, zitt sech duerch déi sämtlech Konferenzgespréicher, Besoinsanalysen, déi ech gefouert hunn. Mir brauchen e breet opgestallten, nidderschwelligen, effikassen a jugendsensibelen Effectif u Professionellen, Benevollen, Jonken an Erwuessenen, déi op breeder Front op dës gepräagte Generatioun kënnen agoen, sief dat an de Schoulen, mam CePAS a mat engagéierten a sensibelen Enseignant, déi op déi Jonk an hir Suergen aginn, Froen an Iddien eescht huelen, sief dat an der op-sichender Jugendaarbecht, de Projeten, de Jugendhaiser, de Veräiner, den Initiative vun de Jonke selwer. Si mussen erëm gewise kréien, wat et heescht, zesummen ze sinn, beieneenzekommen, Iddien ze entwéckelen an ëmzesetzen, sech selwer ze verwierklechen an, jo, och emol Dommheeten, Erfahrungen ze maachen, Grenzen auszetesten. An dat muss scho ganz fréi ufänken. A mir sollte se doranner begleeden an och encouragéieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e Saz vum Direkter vum Péitrusshaus huet mech markéiert. Hie sot: „Mir hunn de Jonken hir sozial Raim ewechgeholl. Et ass awer do, wou si hir sozial Identitéit entwéckelen. An dat feelt hinnen elo.“ An et ass genee dat. Loosst eis de Jonken, de Kanner hir Raim erëmginn, an der Konscht an an der Kultur, am Sport an an den Tiers-lieuen. Do, wou se beieneekommen, léiere se och, sech vuneneen ofzegrenzen, hir Identitéiten ze entwéckelen. An dës Raim befanne sech op esou ville verschiddene Plazen: an de Gemengen, an de Schoulen, op der Uni, an der Zivillgesellschaft, an de Veräiner an och an de Maison-relaisen. Hei mussen awer och ganz geziilt d'Veräiner an déi Fräiwëlleg ënnerstëtzt ginn, net nëmmen am Sport, wou jo konkreet Ënnerstëtzung lancéiert goufen, mee och fir d'Jugendorganisatiounen, d'Verbänn, d'Studentenorganisatiounen, an ech kéint nach laang weiderfueren.

Déi Jonk kënnen a wëllen e Bäitrag fir eis Gesellschaft leeschten. Während der Pandemie hu si a beandrockender Schnellegkeet hir Solidaritéit ënner Beweis gestallt: Si hu Maske gebitt, sinn akafe gaang, ware solidaresch mat hiren Nopere a Bekannten. An ech wënsche mer, dass mer dëst Engagement weider ënnerstëtzen a féideren. Mir sinn hinnen, där jonker Generatioun, et grad elo schëlleg!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Här President, wann ech elo grad vun der Wichtegkeet vun de soziale Raim fir déi Jonk an hir Entwécklung geschwat hunn, da kommen ech net laanscht eng Fro, déi mir an deene leschte Wochen a Méint e puermol begéint ass: Et geet hei ëm déi Jonk, déi sech gäre géifen testen oder virun allem och impfe loossen, mee wou d'Elteren dësem Wunsch am Wee stinn. Hei sti sécher eng ganz Rei grondsätzlech Froen am Raum. An ech hunn och keng Wonnerléisung ze proposéieren. Mee Fakt ass awer och, dass e Kand e Recht huet op de Schutz vu senger Gesondheet an op Eegebestëmmung.

Besonnesch déi ongewollt netgeimpft Jonk riskéieren, am weidere Verlaf vun der Pandemie vun hirem sozialen Ëmfeld ofgeschnidden ze ginn, wann d'Restriktiounen weinst der Pandemie erëm musse verschäerft ginn. Ech soe ganz bewusst „weinst der Pandemie“, well et mécht jo kengem Freed, dës schwéier Ofweiwunge mussen ze treffen. Mir war et haut dofir awer wichtig, fir op déi awer dach net ganz geréng Zuel vu Jonken hinzewiesen, déi vu sech aus déi individuell a sozial responsabel Decisioun vun der Impfung wëllen treffen, mee déi dat net an aller Fräiheet kënnen maachen. Eis Gesellschaft an och mir hei an der Politik dierfe si net vergiessen!

Här President, ech hunn elo grad iwwer Solidaritéit an Engagement geschwat. Vill Jonker hunn awer och déifgräifend Schued erlieft. Mir si konfrontéiert mat méi Suizidversich, mat méi less- an Zwangssteierungen, sou d'Doktesch Salima Aarab aus der Jugendpsychiatrie vum HRS. Mir si gläichzäitig mat enger Penurie vu Psychologen a Psychiatere konfrontéiert an engem Secteur, deen nach ëmmer net vun der CNS rembourséiert gëtt. Meng Kolleeg/inn/en, Virriedner/inne si schonn am Detail drop agaangen. An ech kann dës Demande nëmmen explizitt ënnerstëtzen.

Konkreet heescht dat: Gratis Psychotherapie, méi Plazen an der stationärer wéi ambulanter Behandlung an awer och eng breet opgestallte Jugendaarbecht mat den néidege Moyene fir e Secteur, deen enorm vill Iddien huet, wou awer de Constat besteet, dass formal an nonformal Aarbecht nach besser muss aneneegräifen.

Fir Jonker, déi hiert Doheem verloossen, brauche mir akut Kriseninterventioun, mee awer uschléissend och laangfristeg Perspektiven. Strukture wéi d'Péitrusshaus mussen ausgebaut ginn an och den Alter vun de Jonken, déi op Hëllef ugewise sinn, muss hei en compte geholl ginn. E Jonken, dee mat 19 Joer fortgeet vun doheem, ass zwar legal gesi groussjäreg, mee huet awer oft ganz änlech psychotherapeutesch Besoine wéi vläicht e 17-Järegen. D'Adoleszenz hält nun emol net zack mam Alter vun 18 Joer op, a grad d'Transitioun an d'Erwuesselienen, an d'Aarbechtswelt an déi ugespaante Logementssituatioun maachen et néideg, dass eng méi breet Offer fir vulnerabel Jonker iwwer 18 an dem psychosozialen Encadrement ka stattfannen.

Eng lescht wichtig Léier, déi vun der Kris besonnesch beliicht gouf, ass den Ëmgang mat Sucht vu Kanner a Jonken, e Sujet, deen enorm breet ass a wou mam Preventiounspak vum Educationsministère, dee virun e puer Woche virgestallt gouf, eng wichtig Realitéit unerkannt an ugepaakt gëtt. Mir schwätzen hei net nëmme vun Drogen, mee och vu manner schiedleche Phänomeneer, mat deenen déi Jonk all Dag konfrontéiert sinn a wou trotzdeem e ganz problematescht Notzungsverhale kann entstoen. De Pédierter Dokter Pauly sot an enger rezenter Table ronde, wéi vill Gedanken e sech mécht ëm den incontrôlable Konsum vu Medien, Fotoen, Contenuen a Spiller op den Handyen, Tablets, Computeren a Konsole vu ville Kanner a Jonken. Dat ass eng Fro, déi mer perséinlech uewe läit: Wéi kréie mer den Equilibre hin tëscht där genialer Ressource vum Internet an hire Geforen a Problemer?

Ech mierken et selwer u mir, mat mengen 29 Joer, wéi ofhängeg ech vum Handy sinn, wéi verinnerlecht ech meng Identitéit op soziale Medien hunn. Ëmmerhi sinn ech drop, säit ech 14, 15 Joer al sinn. Wéi eng Welt, wéi en Drock, wéi eng Continue kréie scho Kanner ganz, ganz fréi mat op de Wee? Wéi e Verhale kréie si virgelieft? Mir mussen hei politesch a gesellschaftlech Äntwerten drop fannen. Mir mussen Elteren a Kanner, hiert ganzt Ëmfeld drop sensibiliséieren, wéi wichtig den zwëschemenschleche Kontakt ass, wéi schéin en analoogt Gesellschaftsspill oder en Tour duerch de Bësch ka sinn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Mir brauche Mechanismen an de Maison-relaisen, an de Foyeren, wéi Mediekonsum an Technologie erkläert a kontextualiséiert ginn. A mir mussen an de Lycéien an an eiser Jugendaarbecht d'Theema Internet, d'Theema Fakenews, d'Theema Selbstsich a Selbstduerstellung ëmmer erëm nei thematiséieren an drop agoen. De Parallellunivers vun der digitaler Welt ass hautzudaags ni ganz wäit. Hei kann ee sech ganz einfach isoléieren, awer och a geféierlech Bullen andauchen a sech eventuell souguer radikaliséieren. Och d'Ofhängegkeet vu Spiller, Handy an Internet ass eng Realitéit, déi ganz sécher net nëmmen d'Jugend betrëfft, mee déi mer schonn an eiser Pädagogie ganz fréi mussen en compte huelen, fir effektiv géigenzesteieren.

Här President, e groussen däitsche Politiker sot emol: „Wer Visionen hat, sollte zum Arzt gehen.“

(*Hilarité*)

Fir de Schluss vu menger Ried wollt ech trotzdem wéi ugekënnegt e bësse méi wäit an d'Zukunft blécken an dobäi och e puer méi grondsätzlech Piste verfolgegen.

Wéi wëlle mir, dass Kanner a Jugendlecher opwuesse sollen an dierfen? Wéi eng gemeinsam Visioun hu mer fir d'Bildungs- an d'Betreiungslandschaft vu muer a vun iwwermuer? Wéi këmmere mer eis ëm vulnerabel Jonker a Kanner? Wéi encadréieren a schütze mer se? Wéi garantéieren mer déi vill erbäigeschwuere Chancëgläicheet? Dës Froe si mol méi, mol manner abstrakt. Mee si hunn alleguerten e risegen Impakt op déi zukünftge Generatiounen, op d'Gesellschaft vu muer.

Ech wënsche mer Zäit fir eis Kanner! Ech wënsche mer, dass Elteren, egal a wéi enger Familljekonstellatioun a -kompositioun se sinn, nieft hirer Aarbecht

qualitativ Zäit mat hire Kanner verbréngen kënnen. Et geet net drëms, de ganzen Dag doheem ze sinn, gesellschaftlech erëm zrëckzeruddere op een Elterendeel, dee ganz doheem ass. Et geet hei méi drëms, e Gesamtbild vu Wëssen, Kompetenzen, Hobbyen, soziale Kontakter, Wäertvermittlung, vum Zesummesinn ze definéieren, wou nei Chancë fräigemaach ginn, well d'Kanner och zesumme grouss ginn, vunenee léieren an de Crèche, an de Maison-relaisen, spéider an de Jugendhaiser, mee awer och eeben doheem essenziell Kompetenzen a Wäerter vermittelt kréien.

An ech wëll drop hiweisen, dass ech ganz dättelech hannernt dem Modell sti vun engem Engagement schonn a fréier Kandheet vis-à-vis vu Kanner, déi méisproocheg erzu ginn, wouduerch mat dësem Betreuungsmodell, dee mer en place gesat hunn, ganz vill Sproochbarrière scho fréi kënnen ofgebrach an d'Kanner kënnen beieneebruecht ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Ech wënsche mer, dass d'Natur e Spill- a Léierëmfeld ka bidden, dass mer méi pedagogesch Projeten entwéckelen, wou Kanner dobausse kënnen léieren, méi kënnen zesumme sinn, Erfahrungen an der Natur an an der Nohaltegkeet kënnen maachen.

Ech wënsche mer, dass Inklusioun am Alldag vun de Kanner vu muer Normalitéit ass, wou net een anescht ass a fortgeschéckt gëtt, wou an der Schoul, an de Klassen no deene verschiddene Rhythmusen a mat deene verschiddenste Léiermethode geléiert gëtt, wou Kanner och léieren ze léieren a wou Fächer wéi Empathie a Solidaritéit, wéi nohaltegt Denken an Agéieren als Léierinhalter valoriséiert ginn, wou awer och praktesch Erfahrungen, Ausfluch an d'Welt vun der Kultur, de Gaardebau, Éischt Hëllef, Handwierk oder mat Geld ëmzegoe genausou vermëttelt ginn.

Ech wënsche mer, dass Kanner a Jonker aus der Zukunft net scho musse mat zéng Joer e Choix treffen tëscht Préparatoire, Classique a Général. Ech wënsche mer, dass ee méi laang kann zesummebleiwen a mat senger Stärkte wiisst amplaz u senger Schwächen ze scheitern!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Ech wënsche mer Schoulen, wou d'Kanner léieren ze participéieren, wou Klassen a Schülerréit tagen an déi Jonk hiert Ëmfeld matgestalte kënnen, wou se gestärkt ginn a léieren, wat hir Rechter a Flichte sinn, wat et heescht, Verantwortung ze iwwerhuele fir sech selwer a fir hir Matmënschen.

Ech wënsche mer och, dass d'Institutiounen, wou Kanner a Jonker zirkuléieren, ob Schoulen, Veräiner, Foyeren oder aner Strukturen, eng Child Protection Policy hunn an d'Qualitéit vun der pedagogescher Aarbecht stänneg gefërdert, mee och evoluéiert dierf ginn. De Bien-être vun de Kanner an de Jonken ass ze wichtig, fir dass mer et mat institutionelle Blackboxen ze dinn hunn!

Mir wëssen heibannen alleguerten, dass net jidder ee mat deene selwechte Startméiglechkeeten an d'Liewe kënn. Dofir musse mer sozial Ongläicheeten ofbauen, fir dass e Kand, wat en alengerzéienden Elterendeel huet, net vun Ufank u méi prekär Liewensëmstänn huet, fir dass Kanner vun Elteren, déi Schichte schaffen oder net de Sprooch vum den Hausaufgaben a Prüfungen mächtig sinn, net per se defavorabel Konditiounen erliwien. Eng qualitativ héichwäerteg Kannerbetreierung, Strukturen, déi d'Familljen ënnerstëtzen a begleeden, Hëllefstellunge beim Léieren, dat sinn alles Projeten, déi dës Regierung ausbaut an erméiglecht. Dorop si mer houfreg! A wann e Kand Misär erlieft, net déi Konditiounen huet, fir grouss ze ginn, déi et sollt hunn oder e Kand iergendwou vu sengem Wee ofkënn, da brauche mer en zäitgeméisst, modernt an ambitionéiert Jugendschutzgesetz a Jugendstrofgesetz. Och dësem Defi huet sech dës Regierung ugehol!

■ **M. Carlo Back** (*déi gréng*).- Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir brauchen eng holistesche Vue op dës nächst Generatiounen. Secteuren, déi bis elo getrennt vunenee geschafft hunn, musse besser vernetzt ginn, fir complémentaire kënnen ze fonctionéieren, dëst am Interessi vun Innovatioun a Qualitéit a vu letztlech dem ieweschten Zil: nämlech deem, dass d'Wuel vum Kand iwwer allem steet. Dës Visioun ass net iergendwann erfëllt. Et kommen ëmmer erëm nei Aflëss, nei Entwécklungen, Krisen a Chancen op eis als Gesellschaft an op d'Welt vun de Jonken zou. Dëse Wee an d'Zukunft kënnen mer just mat de Kanner a Jugendlechen, mat den Elteren, den Expert/inn/en an dem vill engagéierte Léier- a Betreierungspersonal goen.

Mir sëtzen als Politik mat hinnen all zesummen am Boot. Heiansdo hu mer Richtungssträiter an heiansdo dominéieren aner Suergen an Ängscht, déi oft och hir Legitimitéit hunn, mee den Interêt an d'Zukunft vun de Kanner a Jonke muss Prioritéit hunn. Mir liewen, consomméieren an entscheeden

op Kreditt iwwer hir Zukunft! Mir hunn eng grouss Verantwortung fir d'Zukunft vun eise Planéit, well et hire Planéit ass, an déi selwecht Verantwortung hu mir fir d'Gesellschaft vu muer.

An dowéinst wëll ech mat zwee Messagen ofschléissen. Ee gréngen, wann Dir sou wëllt, dass nieft Pandemie an Erzéiung och de Schutz vun der Ëmwelt an de Kampf géint de Klimawandel e ganz konkreet Schutz vun der Liewensqualitéit, besonnesch vun deene Jéngsten an eiser Gesellschaft, bedeit.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- An ee méi allgemengen, dass mir de Wëllen an de Courage sollten hunn, fir ambitiéis a souguer visionär Projeten ëmzesetzen an op d'Gemeinsamkeeten ze setzen, amplaz eis heiansdo an deene klunge Konflikter ze verléieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Präsident de séance*.- Merci och, der Madamm Bernard. An nächste Riedner ass den Här Fred Keup. An d'Mikro si prett.

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Merci, Här President, Léif Dammen, Léif Härren. Merci och dem Serge Wilmes fir dës dach awer ganz wichtig Debatt, déi mer hei féieren. Ech hunn och gutt nogelauschtert. Den Här Wilmes huet et e bëssen duerch d'Blumm gesot. Ech soen änlech Saachen. Ech soe se dann awer e bësse méi konkreet, e bësse méi, soen ech elo mol, vun der Long op d'Zong.

Wéi wichtig sinn eis d'Kanner haut? Wéi wichtig sinn eis d'Familljen? D'Familljen an d'Kanner kann een net getrennt gesinn. Ech mengen, jiddwereen ass sech eens: Do, wou Kanner sinn, do ass och Famill.

Komm mir kucken eis emol eng konkreet Situatioun hei zu Lëtzebuerg un am Joer 2021. Eng Koppel kritt e Kand. D'Freed ass grouss. D'Mamm ass am Ufank beim Kand am Mammecongé, eng gutt Saach. Duerno hunn d'Elteren e Recht op Eltercongé. Dat ass och eng gutt a wichtig Saach, well grad fir déi ganz jonk Butzen ass et wichtig, doheem am gebuergene Familljekrees bei Mamm a Papp ze sinn a sech wuel ze fillen.

Ma déi Zäit geet eriwwer an da mussen d'Elteren erëm voll schaffe goen. De Prêt vum Haus muss ofbezult ginn, eventuell e Loyer. D'Geld muss erakommen. Wat maachen? D'Këndchen an d'Crèche ofliwweren. Moies um 6.00 Auer geet et da lass: D'Këndche gëtt aus dem Bett gerappt, fir um 7.00 Auer bei der Crèche virun der Dier ze stoen. Da séier op d'Aarbecht, et wëllt ee jo nach virum Stau erduerchkommen, wat dann awer meeschtens leider hei am Land net méi geléngt. An der Crèche bleift d'Kand da siwen, aacht, néng, zéng an och alt emol méi Stonnen. D'Crèchè sinn dat, wat se sinn, déi eng besser, déi aner méi schlecht. Ma d'Kand ass de ganzen Dag bei Friemen, déi dacks emol net seng Mammesprooch schwätzen, fort vu sengen Elteren. D'Eltere maachen dat an der Reegel net gär. Si hunn e schlecht Gewëssen. Si wëssen, dass déi Situatioun net ideal ass, net gutt fir hiert Kand, mee si hunn dacks kee Choix: D'Geld muss jo erakommen.

D'Crèche ass jo quasi gratis, also net wierklech gratis: Si gëtt jo vun engem bezult, si gëtt vun eis all bezult, vun de Steierzueler. De Weekend geet de Stress da lass oder weider: Akeef musse gemaach ginn, d'Hausaarbecht muss erleedegt ginn an da wëllen d'Leit sech jo och nach e bëssen erblosen. D'Konsequenz vun deem Ganzen: Wuelfillen, Gemittleckeet, Harmonie, Gebuergenheet fannen d'Kanner an dësem System ze wéineg. Dat ass keng kannerfrëndlech Welt. Dat ass eng éischter feindlech Welt, eng familljefeindlech Welt an dat ass doudsécher ganz schlecht fir eis Gesellschaft.

D'Famill ass d'Basis vun eiser Gesellschaft an d'Kanner an d'Famill missten eigentlech am Zentrum vun all eisen Entscheedungen, déi mir hei treffen, stoen. Firwat maache mir dat Ganzt iwwerhaapt hei, wann et eeben net fir eis Kanner sollt sinn?

Ma dat Ganzt huet zwee grouss Grënn. Fir deen éischte Grond si mir hei net onbedéngt eleng schëlleg, fir deen zweete Grond dann awer zu engem gudden Deel. Deen éischte Grond ass deen allgemenge Verfall vun der Roll vun der Famill hei am Land, mee och am Ausland. An der ganzer westlecher Welt ass d'Famill an der Kris. Ech gesinn dat als ee vun den allergréisste Problemer, déi mir hei an eiser Welt hunn: eng déifgräifend Kris vun der Famill, an d'Kanner sinn déi Leidddroend.

Deen zweete Grond, an deen ass éischter hausgemaach, ass déi konkreet Politik, déi hei am Land besonnesch zënter dem Untrëtt och vun dëser Regierung, dat muss ech awer leider och soen, gemaach gëtt: Et ass eng Politik, déi net d'Kanner an och net d'Famill an den Zentrum setzt, mee, fir et einfach auszedrücken, éischter d'Wirtschaft. Et gëtt jo zwou Méiglechkeeten, zwou Eruegoensweise fir eng Regierung: eng Regierung, déi sech ëm d'Wuel vun de Kanner këmmert, déi probéiert, dem





Kand esou vill Zäit wéi méiglech bei senger Mamm oder bei sengem Papp, bei der Famill ze ginn. An da gëtt et eng zweet Méiglechkeet: Dat ass eng Regierung, déi probéiert, dem Patron d'Mamm an de Papp esou séier wéi méiglech erëm zur Verfügung ze stellen, mat allen negative Konsequenzen, déi dat fir d'Wuelbefanne vun de Kanner huet. Dat ass e politesche Choix! Dës Regierung huet dee geholl. Mir géifen deen net huelen!

Jo, et gëtt och gutt Saachen. Et gëtt Mammecongé, et gëtt Elterecongé. Ma all Famill gëtt awer fréier oder spéider mat der Situatioun konfrontéiert, mat der Fro: Verzichte mer op eis Kanner oder verzichte mer op d'Geld? An da si mer erëm bei de Crèchen a bei de Strukturen, well déi bezitt de Staat jo a léisst sech dat e Verméige kaschten: 260 Milliounen. Eng Plaz an enger Crèche léisst sech de Staat tëscht 14.000 an 18.000 Euro d'Joer kaschten. Dat si bis zu 1.500 Euro de Mount fir eng Plaz an der Crèche!

Sollt een dann net awer emol higoen a sech iwwerleeën, ob et net besser wier - an dat am Sënn vum Kand -, fir den Elteren de Choix ze loosse, de Choix tëschent engersäits schaffe goen an d'Kand an eng Crèche ginn, souwéi dat am aktuelle Modus jo bevirdeelegt gëtt, oder net schaffe goen an d'Kand an der Famill loosse? Da kéint méi Eltere fräi entscheeden, fir sech doheem ëm hir Kanner ze këmmen a méi Zäit mat hinnen ze verbréngen, an dat géif d'Wuelbefanne ganz kloer steigere.

Dat wier e faire Choix fir d'Elteren an de Staat kéint jo higoen an déi 1.500 Euro, déi eng Plaz an der Crèche géif kaschten, den Eltere ginn, fir dass d'Mamm an de Papp doheem kënnen bleiwe bei hirem Kand. Dat war eis Propos an de Walen 2018. Mir hunn dat genannt eist ADR-Elteregeld an dat wäert och eis Propos an der Zukunft bleiwen: eng Gerechtegkeet, wou och déi Elteren, déi sech bereet erklären, hir Kanner doheem selwer ze versueren, net an eng Struktur ze ginn, eeben net diskriminéiert gi par rapport zu deenen aneren. Dat wär eng kannerfrëndlech a familljefrëndlech Politik!

Elo huet den Här Premierminister, den Här Bettel, ugekënnegt bei der Ried zur Lag vun der Natioun - an dat kënn jo och elo -, dass d'lessen an de Strukturen, an der Maison relais ... Maison relais, dat ass ëmmer ... Loosst mech dat soen: Ech fannen dat e schrecklecht Wuert, „Maison relais“. Also mäi Kand huet ëmmer gesot, mäi Meedchen: „Mausolée“. Ech hunn dat scho vill méi schéi fonnt, mee „Maison relais“ ... Loosst lech eng Kéier eppes Besseres afalen, wannechgelift! Gutt. Et geet drëms, dass d'lessen an der Mëttesstonn soll gratis gi bis zu engem ganz héije Seuil. Gutt.

Da stellt sech awer d'Fro: Firwat kréien dann déi Elteren, déi doheem bleiwen, déi an der Mëttesstonn hire Kanner doheem kachen, keng Suen? Wou ass dann do d'Gerechtegkeet, wa mer op där enger Säit deenen d'lesse gratis ginn, well se an enger Struktur sinn, awer dann deenen aneren Elteren, déi sech wierklech d'Méi maachen - et ass jo net einfach, an der haiteger Zäit doheemzebleiwen - an dat selwer maachen oder d'Kanner bei d'Bomi ginn oder soss enzwousch, näischt ginn? Dat wier mol eng Iddi.

Zu de Crèchen: Grondsätzlech loosse mer den Eltere gären de Choix, hir Kanner doheem ze versueren an ze erzéien oder si a Betreuungsstrukturen ze ginn. D'Crèchë spillen hei fir vill Elteren eng wichteg Roll fir d'Kannerbetreuung. A mir wëllen do och drop halen, dass d'Konditiounen, fir en Agreement ze kréien, mussen gebonne sinn u wierklech héich qualitativ Moossnamen. D'Crèchë mussen no strengen Oplage kontrolléiert ginn an opgestallt ginn. Et muss genuch Plaz si fir d'Kanner, fir d'Personal. Si mussen déi néideg Qualifikatioun hunn. An - an dat ass och eppes, wat mer ëmmer erëm fuerderen - déi Leit, déi an de Crèchë schaffen, mussen - missten - Lëtzebuergesch kënnen oder, wa se et net kënnen, sou schnell wéi méiglech léieren. Dat wier net schwéier!

Ech hunn a menger Karriär als Proff am Lycée oft Schüler gesinn, wa se a Stagë waren, wou mer se da besiche gaange sinn, a Crèchen. An ech hu meng Kanner jo och selwer deelweis an enger Crèche gehat. An do gëtt et positiv Beispiller, mee ech hunn awer och Saache gesinn, déi, ganz éierlech gesot, haarsträubend waren, haarsträubend! Wou ee wierklech gesinn huet - an déi wousste jo, dass ech géif kommen -, dass d'Plaz, d'Qualitéit, dat Ganzt net dat war. An do muss ech och dat soen, do hunn ech mech alt ëmmer domm gestallt, dann hunn ech gefrot: „Wéi ass et dann hei, Dir musst jo een hei hunn, dee Lëtzebuergesch mat de Kanner schwätzt?“ Dat war ganz oft net de Fall.

Dat ass déi sougenannt „méisproocheg Fréierzéiung“, déi d'Regierung en place gesat huet. Also menger Erfahrung no - déi, déi ech gesinn hunn um Terrain - funktionéiert déi am grouse Mooss net wéi se sollt. An ech hat och do eng Fro gestallt un den Här Minister. A wat mech gestéiert huet: Hie konnt mer net soen, wéi vill Personal an de Crèchen hei zu Lëtzebuerg schafft. Dat ass déi eng Saach. An e konnt mer och net soen, wéi vill der vun deenen de Sproochenniveau C1 am Lëtzebuerg-

schen hunn. Dat sinn zwou Saachen, ech mengen, déi misste mir awer hei ..., de Staat misst awer déi Zuele wësse fir ze handelen.

D'Sproochen: nach e Wuert dozou. Et ass och en Deel vum Wuelbefanne vun eise Kanner, an dat hunn ech och selwer bei menge gemierkt, dass si hei an enger Welt liewen, wou se d'Sprooch dobaussen net méi onbedéngt verstinn, wou am Alldag dobaussen net méi hir Sprooch geschwat gëtt a wou si als Kanner net méi verstane ginn. Och dat ass d'Wuelbefanne vun de Kanner, dass se dobaussen verstane ginn an, wa se an der Stad sinn, och kënnen verstoen, wat do steet a wat geschwat gëtt. Dat ass bei engem Standard Lëtzebuurger Kand hautzudaags net méi de Fall.

Ech kommen op e puer konkreet Saachen. Mir haten effektiv ..., et ass elo vill geschwat ginn: „Mir sinn nach ëmmer dran“, „Pandemie“, „Covid“ a „Vill Kanner hu vill Zäit missen doheem verbréngen“, Stéchwuert: Lockdown. Dat ass fir déi eng Kanner méi einfach, wa se zum Beispill an engem Bungalow wunnen, mat engem grouse Gaart. Fir aner Kanner, déi an enger Stad wunnen, an engem Studio, an engem klengen Appartement, ass dat doudsécher méi schwéier. An och dat gehéiert zum Wuelbefanne vun de Kanner.

An ech hu mech do drun ernnert, dass hei ganz oft an der Chamber gesot gëtt, mir missten eis Aart a Weis fir ze wunnen änneren, mir misste méi no opeeréckelen, mir misste méi an d'Luucht bauen, dat wier ganz schéin, an Appartementer ze wunnen, mir missten Héichhaiser bauen ... Also dat ass awer definitiv eppes, wat de Kanner net entgéintkënn! Fir d'Kanner gëtt et dach fir d'Wuelbefannen näischt méi Schéines, an et ass och vill iwwert déi elektresch Apparater elo geschwat ginn, mee et gëtt dach näischt méi Schéines, wéi wann d'Kanner wunnen an e Gaart zur Verfügung hunn, wéi dat nach fréier meeschtens de Fall war!

Anere Punkt: d'Kanneraarmut. An ech kommen do op déi beonrouegend Zuelen zréck, déi am „Panorama social“ erwänt gi sinn an déi d'Familljen uginn. An et kann net sinn, dass een duerch de Fakt, dass een hei am Land Kanner huet, dass een eng Famill wëll grënnen, an den Aarmutsrisiko fält!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Très bien!

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Den Aarmutsrisiko läit fir Persounen ouni Kanner bei 12 %, a bei Famillje mat dräi Kanner läit e bei 35 % - dräimol sou héich! Dat ass eng Bankrotterklärung! Den Ombudsman kritiséiert iwwregens och - an deem Kontext kann een dat gesinn -, dass et u Statistike feelt, wéi vill Kanner dann am REVIS liewen. Och dat wier mol gutt, gewuer ze ginn! Do mussen mer usetzen.

An et gëtt eng ganz Partie Moossnamen, déi ee kann ergräifen, fir d'Famillje mat Kanner ze ënnerstëtzen. Mat engem méi héije Kannergeld: Mir hunn elo d'Indexéierung, dat ass gutt, mee et kéint ee méi wäit goen, erëm eng Staffellung aféieren - méi Kanner, méi Kannergeld. Dann en Elteregeld, wéi ech et virdrun erkläert hunn, wou och déi ënnerstëtzt ginn, déi hir Kanner doheem wëllen erzéien. Mir si géint eng Individualiséierung allgemeng vun der Gesellschaft, well dat kënn de Kanner net zegutt, mee och géint eng Individualiséierung vun enger Steuerreform zulaaschte vun de Familljen.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Très bien!

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Punktuell Erlichterunge fir Persounen, déi a steierlech schwierige Situatiounen sinn: Mir schwätzen do ëmmer iwwert d'Wittleit, mee dat betrëfft awer och ganz besonnesch déi Persounen, déi elengerzéiend e Kand hunn. A weider Hëllef, et kéint ee sech vills virstellen: Eng Famill mat ville Kanner muss jo och zum Beispill vill méi e groussen Auto kafen, ass och deelweis op den Auto ugewisen, méi wéi vläicht eng Persoun, déi eleng leeft. Och do kéint een zousätzlech Ënnerstëtzung ginn.

An dann hu mer jo am Moment hei och nach e grouse Problem mat enger iwwerdrüwener Erhéijung am Energieberäich, wou ganz besonnesch och Familljen, déi souwisou schonn um Bord vun der Aarmut liewen, drënner leiden. An ech mengen, déi erliewen zum Deel och keng schéi Chrëschtdeeg, wann op eemol de Masutt dat Duebelt kascht wéi virun engem Joer. An do kann een och eppes maachen. Do kann ee ganz roueg d'Akzisen erofsetzen oder och, och wann dat effektiv elo net dee groussen Deel ausmécht, eng CO<sub>2</sub>-Steier aussetzen.

E grouse Problem, an dat ass och ugeschwat ginn, dat si Scheedungen. Ech hunn dat nogekuckt: Am Joer 2010 hate mer 1.000 Scheedungen hei am Land; 2019 hate mer 2.000 Scheedungen hei am Land. Eng onwarscheinlech Zuel! An ech mengen, et si ganz vill Leit beträff. Och heibanne si vill Leit beträff. An dat ass net einfach. Mee et ass ganz besonnesch ni einfach fir d'Kanner, well d'Kanner leiden ënner Scheedungen. An et ass gutt, wann eng Famill zesummebleift, et ass gutt fir d'Wuelbefanne vun de Kanner, quitte dass et natierlech ëmmer Fäll gëtt, wou et esou problematesch ass, dass eng Scheedung onëmgängelech ass an dann och de richtege Wee ass.

Mee dat ass ganz wichteg an ech géif mer do wënschen, a mir als Partei géifen eis wënschen, dass eis Regierung och emol géif méi e positivt Bild no bausse vermëttelen. Et gi jo soss Campagnë gemaach fir allméiglech Saachen - mee kommt, mir maahe mol Campagnë fir d'Zesummebleiwen an der Famill! Fir d'Zesummenhalen, dass d'Famill, déi zesummebleift mat de Kanner, dass dat eppes immens Wäertvolles ass, eppes immens Wichteges ass! Et geet net nëmmen drëms - och wann dat gutt ass -, fir de ganzen Zäit, wéi et am Moment erëm geschitt, op d'Problemer opmierksam ze maachen, déi an engem Stot passéiere kënnen.

Da wollt ech och nach e Wuert soen ... An dat huet mech besonnesch gefreet, dass dat och hei vu menge Virriedner gesot ginn ass, ganz besonnesch vum Här Baum ass dat och gutt beschriwwen ginn, dat ass déi, wat ech nenne „Bildschirmiséierung“, an där mir am Moment liewen. Mir hu schonn des Éfteren drop opmierksam gemaach, op all déi Beispiller, déi mer genannt kruten, wou mer permanent Kanner gesinn, déi andauernd virun engem Bildschirm sinn, schonn am klengsten Alter. An och den Ombudsman schreift jo do, dass dat ganz negativ Konsequenze kann hunn an och wäert hu fir d'Kanner.

An do misst een effektiv och higoen, wéi scho virdru gesot - an do besteet jo och e Konsens heibanen, wann ech et richtege verstanen hunn -, fir mol wierklech mat enger gewëssener Autoritéit och ze soen, de Leit kloerzemaachen, dass dat nefaste ass, dass dat schlecht ass fir d'Kanner. An och iwwerhaupt emol iwwerdenken, wann d'Kanner schonn doheem esou vill virum Bildschirm sinn, dass een net och nach muss onbedéngt forcéieren, fir et nach vill an der Schoul matanzebréngen. Et geet och ouni Bildschirm! Et kann ee ganz, ganz, ganz vill flott Saachen ouni dat maachen.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Très bien!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci och dem Här Keup.

An ech gesinn en Zeeche vum Gilles Baum - d'Madamm Cecchetti wëllt sech eng Sekonn gedëllegen -, vun dem Här Baum, dee gefrot huet, fir eng Motioun zum Debat ze deponéieren.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Jo, entschëllegt mech, Madamm Cecchetti! Et war mer effektiv virdrun „im Eifer des Gefechts“ derduerchgaangen, d'Motioun ze deposéieren. An da maachen ech dat elo.

**(Brouhaha et interruptions diverses)**

**Motion 5**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que la crise sanitaire liée à la pandémie Covid-19 a des effets majeurs sur le bien-être des jeunes ;*

- *considérant les conclusions du rapport national sur la situation de la jeunesse au Luxembourg 2020 ;*

- *considérant que les jeunes sont exposés aux risques et dangers potentiels liés à l'utilisation et la consommation des médias électroniques ;*

- *saluant les initiatives prises par le Gouvernement en matière de campagnes annuelles de sensibilisation et d'information sur le sujet de la cyber-sécurité ;*

- *félicitant le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse pour ses efforts en vue d'adapter le système scolaire luxembourgeois à la transformation numérique ;*

- *saluant les efforts du Ministère de l'Éducation nationale en matière de la transmission de compétences digitales, entre autres par l'introduction du Coding dans les écoles fondamentales et par l'instauration du projet pilote Sciences numériques dans les établissements d'enseignement secondaire ;*

- *saluant également les formations formelles et non formelles de Bee Secure destinées à la conscientisation, à la sensibilisation et à l'éducation des enfants et adolescents, des parents et du personnel éducatif, et portant sur l'usage et la consommation des médias électroniques ;*

- *félicitant le Ministère de l'Éducation nationale pour ses efforts en vue de garantir à chaque enfant les mêmes conditions de départ et les mêmes chances de réussite, entre autres par la mise en place d'un enseignement différencié et par l'introduction de mesures en faveur des jeunes, dont notamment la gratuité des cours de musique, la gratuité des maisons relais et la gratuité des repas scolaires pour les enfants de familles à revenus faibles ou modestes ;*

- *saluant les plans de relance Sport du Ministère des Sports, notamment les mesures en vue d'encourager les jeunes à reprendre leurs activités de loisirs, telles que l'introduction d'un bon de 50 euros pour toute nouvelle inscription d'un enfant de moins de 16 ans dans un club sportif pendant l'année 2021/2022, ainsi que l'augmentation de la participa-*

*tion au financement d'infrastructures sportives en plein air promouvant l'activité physique et le sport loisir,*

*invite le Gouvernement*

- *à charger le futur Observatoire National de l'Enfance-Jeunesse et de la Qualité Scolaire (ONEJQS) d'une mission légale explicite à recueillir et à publier les données essentielles dans son domaine de compétence ;*

- *à renforcer et promouvoir les offres de prise en charge et d'accompagnement des enfants, des jeunes et des familles offertes par l'Office national de l'enfance (ONE) ;*

- *à évaluer et, le cas échéant, étendre l'offre et les capacités d'accueil des centres de compétence du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ;*

- *à garantir une offre et une prise en charge intégrée des enfants, des jeunes et de leurs familles, ainsi qu'une orientation adéquate permettant une prise en charge rapide et adaptée ;*

- *à accorder une place prioritaire à la santé mentale dans sa politique de santé publique en renforçant l'offre de soins en pédopsychiatrie ;*

- *à mettre un accent particulier sur la santé mentale des enfants et des jeunes dans le cadre de la future Stratégie nationale de santé ;*

- *à poursuivre les efforts en vue d'assurer une continuité de l'accompagnement psycho-social au-delà de la majorité légale ;*

- *à achever, dans les plus brefs délais, les négociations avec la CNS portant sur le remboursement de la psychothérapie ;*

- *à poursuivre ses efforts en vue d'augmenter l'attractivité des métiers de la pédopsychiatrie, notamment en facilitant les passerelles entre les divers ordres d'enseignement et en augmentant l'offre de formations continues dans ce domaine ;*

- *à implémenter au sein de l'enseignement fondamental une stratégie globale liée au sujet de la santé mentale qui prévoit l'intervention régulière de psychologues au sein des écoles afin d'établir un contact avec les enseignants et les élèves pour les soutenir en cas de besoin et coordonner les échanges, notamment dans le cadre de la médecine scolaire ;*

- *à développer une stratégie au sein des écoles visant à briser les tabous autour de la santé mentale des plus jeunes ;*

- *à rendre une place prépondérante à la santé mentale au sein de l'enseignement ;*

- *à étendre et promouvoir les initiatives favorisant le développement de la motricité des enfants, comme le projet « Bewegung Schule - Clever Move » dans l'enseignement fondamental et les SEA ;*

- *à poursuivre les travaux préparatoires en vue de la mise en œuvre du projet des navettes « clubs enfants » (Kannerveräinsbus) assurant le transport des enfants des SEA vers les centres sportifs ou culturels organisant des activités extrascolaires ;*

- *à poursuivre ses efforts en matière de cybersécurité ;*

- *à établir une stratégie globale permettant de protéger les jeunes face aux risques et dangers potentiels du monde virtuel ;*

- *à maintenir et, le cas échéant, à renforcer sa collaboration avec Bee Secure dans le cadre des campagnes de sensibilisation et d'information sur le bon usage des nouvelles technologies ;*

- *à favoriser les démarches participatives et à consolider et étendre les moyens de participation politique des enfants et des jeunes.*

(s.) Gilles Baum, Simone Asselborn-Bintz, Djuna Bernard, Francine Closener, Carole Hartmann.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci dem Här Baum. An d'Madamm Cecchetti huet d'Wuert. Keng vireileg Schlëss!

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Merci, Här President. Här President, haut geet et hei ëm d'Wuelbefannen, de Bien-être beim Kand respektiv beim Jugendlechen. D'Pandemie huet an eisen Aen déi systeemesch Defiziter, déi schonn existéiert hunn, nach vill méi däitlech gewisen. Dës Pandemie huet eis Kanner a Jugendlecher voll getraff. Si hate vill ënnert de sanitäre Moossnamen an dem Lockdown ze leiden. Si hu ganz vill vun hirer Autonomie a Participatioun um gesellschaftleche Liewe missen abéissen. Obwuel mer leider net genuch Donnéeën zu der Evoluitioun vun der haislecher Gewalt hunn, kënnen mer opgrond vun de Berichter aus anere Länner, zum Beispill China an Italien, dovunner ausgoen, datt si och méi wéi soss vun haislecher Gewalt beträff waren. Am Lockdown konnte si désen Form vu Gewalt schwéier entkommen. A vu datt d'Schoulen zou waren, konnt och d'Léierpersonal d'Unzeeche vun haislecher Gewalt bei senge Schüler net identifizéieren.





Dat ass vläicht och de Grond, firwat eréischt uganks 2021 d'Urgencen an d'Deklaratiounen vun haislecher Gewalt fir Kanner a Jugendlechen an d'Luucht gaange sinn: ëm 15 % bis 20 % fir d'Urgencen an ëm 10,5 % fir d'Deklaratiounen, nom OKaJu-Bericht. Wat sech während dem Confinement hanner zouenen Dieren an den Haiser an Appartements ofgespillt huet, ass leider eng nach ze grouss Onbekannt zu Lëtzebuerg.

Här President, ëmsou méi dramatesch ass et, datt d'Kanner an d'Jugendlecher, déi Affere oder Zeie vun haislecher Gewalt gi sinn, sech net konnten déi adequat Hëllef siche goen. Feelend Informatiounen iwwer telefonesch Hëllef an aner Moossnamen, wéi eng Hotline fir Leit, déi während dem Lockdown mental a psychesch gelidden hunn, waren an eisen Aen net genuch un d'Kanner a Jugendlecher gerichtet. Gewalt am Stot war déi extreemst Strapaz fir d'Kanner an déi Jugendleche am Lockdown.

Mee donieft gouf et nach vill anerer: Scheedungskanner hunn dorënner gelidden, datt si een Elterendeel net konnte gesinn. Si konnten hir Grousselteren net besiche goen. A si hunn hir Kollegen net méi gesinn, weeder an der Schoul nach dobausse fir ze spillen. Alles dat war gewëssermoossen onvermeidlech. Mir waren a sinn nach ëmmer an enger sanitärer Kris. Et hunn haart Mesurë misse geholl ginn an et kommen der vläicht nach no. Et kann awer net sinn, datt dës Mesuren déi Schwächst, déi Vulnerabelst, déi Klengst treffen: d'Kanner, déi weeder fir sech nach fir hir Eltere kënnen Responsabilitéiten droen. Si kréien awer d'Nowéie vun der sanitärer Kris am heftegsten ze spieren.

Virun engem Joer hu mer doriwwer spekuléiert, wéi grouss dat séilescht Leed bei de Kanner a Jugendleche wier. Elo hu mer éischt Rapporte vun Etüden, déi ganz kloer weisen: D'Verschlechterung vum mentale Gesondheitszoustand vu Kanner a Jugendleche manifestéiert sech wéi eng tickend Zäitbomm. Alles, wat mer elo wëssen, ass nëmmen d'Spëtzt vum Äisberg. Den Äisberg ass dat, wat mer nach wäerte gewuer ginn, wann d'Regierung dann och weiderhin Etüden aus dësem Beräich an Optrag gëtt.

Här President, sou wéi meng Virriedner/inne ginn ech och elo nach méi spezifesch op den OKaJu-Rapport vun 2020 an. Awer ech wäert mech op dräi Sujete beschränken, déi eis als déi Léink schonn immens laang beschäftegen a wourop mir och ëmmer erëm hei an der Chamber wäerten zrëckkommen, wann déi néideg Mesuren net geholl ginn. Dat sinn engersäits déi klammend Aarmut hei am Land an domadder och d'Verschäerfung vun der Kanner- a Jugendaarmut. Anerersäits maachen eis déi klammend schoulesch Inegalitéite Suergen an déi aktuell Handhab vu Kanner mat spezifesch Bedürfnisser an de Schoulen a Kompetenzzentren. An natierlech steet fir eis och den Zougang zu der mentaler Gesondheet fir all Kand am Vierdergrond, dat heescht: Recht op gratis therapeutesch Behandlungen an den einfachen Accès zu dësen Therapien, zum Beispill direkt an der Schoul oder an de Jugendhaiser.

Här President, 23,1 % Kannerarmut ass an engem sou räiche Land wéi Lëtzebuerg ganz schéin hefteg! Laut dem Rapport Travail et cohésion sociale vun dem Statec sinn d'Alengerzéiend mat méi wéi engem Kand bis zu 39 % dem Aarmutrisiko ausgesat. Bal 60 % vun den Alengerzéiende mat e puer Kanner à charge hu Krämpes, um Enn vum Mount d'Enner beieneenzekréien. Bei zwee Erwuessene mat méi wéi engem Kand sinn et bis zu 30 %. Ënner de Locataire si 45 % betraff. D'Veraarmung vun ëmmer méi Familljen huet dann dozou gefouert, datt méi Demandes d'allocation de vie chère ageerecht goufen, datt méi Leit a Sozialbutteker akafe gaange sinn.

Et besteet e wierkleche Risiko, datt d'Sozialkris nach vill méi grav gëtt, falls déi staatlech Hëlfele entweder erofgefuer ginn oder net zouhuelen. Dofir hunn déi Léink jo och virun dräi Wochen e Gesetzesprojet deposéiert, fir d'Familljeprestatiounen ze revaloriséieren an automatesch ze indexéieren. Mir fuerderen och nach ëmmer an Eropsetze vum Mindestloun an hunn och d'Indexéierung vun der CO<sub>2</sub>-Steier gefuerdert, well och déi trëfft op déi ongerechtst Aart a Weis alt erëm déi, déi weeder d'Moyenen hu fir ze verschmotzen nach sech kënnen leeschten, en ökologesche Luxus ze hu wéi Passivhaus, Elektroauto an eng Photovoltaikanlag um Daach. En vue vun de klammenden Energiepräisser an dem ongebremste Klimawandel ass eng gestaffelt CO<sub>2</sub>-Steier déi fairsten Optioun.

Här President, Dir könnt lech ausmolen, wat ech versichen ze vermëttelen: D'Wuelbefanne vun de Kanner hänkt vill mat eise materielle Liewenskonditiounen zesummen. Eng gerecht Pai fir d'Elteren, néideg sozial Mesuren, fir d'Krisenzäiten ze iwwerbrécken, Recht op Gesondheet a Recht op Wunne sinn elementar Krittären, fir Kanner a Jugendlecher virun Aarmut kënnen ze schützen.

D'Rechter vu Kanner a Jugendleche sinn deemno a ganz ville Fäll op ganz ville Plazen zu Lëtzebuerg

kompromettéiert. Well d'Regierung net bereet war, de Moratoire op Deguerpissementer ze verlängeren, gi Kanner a Jugendlecher mat hirer Famill expulsiéiert, matten an enger Pandemie, déi soubal nach keen Enn kritt.

Et gëtt Kanner, déi zu Lëtzebuerg riskéieren, ouni Daach iwwert dem Kapp gebuer ze ginn. Nach d'lescht Woch war e Reportage vun enger Famill, déi an deem Fall ass, an der Zeitung. Béid concernéiert Elteren hunn eng Aarbecht, mee verdéngen net genuch, fir eng weider Erhéijung vun hirem Loyer kënnen ze droen. Eise Virschlag vum Moratoire op d'Expulsione kéint d'Regierung sech vläicht nach eemol duerch de Kapp goe loossen. Et ass jo net, wéi wann d'Kris eriwuer wär! An och ouni Covid bleiwe mir nach ëmmer an enger Logementskris, faute d'action.

Här President, Kanner a Jugendlecher, déi schlecht wunnen, léiere méi schlecht. Dat kléngt elo zimmlech plakativ, mee dat ass awer dat, wat sech aus verschiddene Rapporten iwwer Bildungschancen zu Lëtzebuerg erausliese léisst. Déi Zäit, wou den Homeschooling d'Schoul ersat huet, sinn a Famillje mat méi wéi engem Kand, déi a prekäre Verhältnisser musse liewen, de Smartphone an de Laptop gedeelt ginn. Op enkem Raum huet den Hond gebillt, de Beebee gekrasch an de Staubsauger ass gelaf. D'Kanner waren hei op alle Pläng d'Verléierer.

Ëmsou méi hu Kanner mat spezifesch Besoine während der sanitärer Kris mussen abëssen. All déi speziell Hëllef sinn ausgefall fir EBS-Kanner. An de Kompetenzzentren sinn d'Coursen eréischt immens spët en présentiel agefouert ginn, soudatt grad déi vulnerabelst Kanner, Jugendlecher an Elteren am Ree stoe gelooss gi sinn.

De psychologeschen Drock, deem d'Kanner an d'Jugendleche am Kontext vun der Pandemie ausgesat sinn, mëscht sech mat der Verschlechterung vun de Liewenskonditiounen. Et wäert ëmmer méi Kanner gi mat spezifesch Besoinen, oder besser gesot: Déi spezifesch Besoine verallgemengere sech. Mir fuerderen als déi Léink dowéinst och scho méi laang, datt an de Schoulen an direkt am Klassenall pluridisziplinär Enseignantsekippe sollen agesat ginn, déi kollektiv a mat enger inklusiver Approche op d'Bedürfnisser vun all de Kanner kënnen agoen an esou och d'Solidaritéit an der Klass kënnen stäerken.

Ech mengen, d'Madamm Djuna Bernard ass ganz gutt op dee Volet vun der Schoul agaangen, an dat kënnen mir nëmmen bestäerken.

Här President, eng ganz Rei Etüde weisen no-dréiglech, datt d'Liewensqualität vun de Kanner a Jugendleche mat der Pandemie agebéisst huet. Hire Bien-être émotionnel ass erofgaangen an eng ganz Rei Nevrosen, wéi lessstéierungen, Zwäng, Ängschten, Suicidedanken a Suicide selwer hu sech gesteigert. Dowéint kommen ech och elo op mäin drëtte Punkt.

Fir eis ass et eminent wichtig, datt Kanner a Jugendlecher e Recht op gratis Therapie kréien an datt si dës och kënnen ouni d'Awëlleung vun hiren Elteren ufroen. Zougang zu Psychotherapie an zu medezinescher Behandlung misst an de Schoulen an an de Jugendhaiser ugebuede ginn, do, wou Kanner a Jugendlecher sech de Gros vum Dag ophalen, wa se net doheem sinn. Dës Méiglechkeet fir Consultatiounen ausserhalb vun de konventionéierte Berodungsstelle vum Kanner- a Jugendtelefon oder dem Planning Familial kéint en einfacht an effikasst Element am Kampf géint den Abus sexuel sinn.

Här President, am Rapport vum OKaJu stinn net nëmme wäertvoll Informatiounen an Zuelen iwwert de mentalen a kierperleche Gesondheitszoustand vun de Kanner a Jugendlechen zu Lëtzebuerg, en deit och d'Pisten un, wéi eng konkret a kuerzfristeg Mesurë kënnen a musse geholl ginn. Déi Propositionen hunn eis Ënnerstützung. Mee iwwert dës Moossnamen eraus, mussen och déi systeemesch Verännerungen an Ugrëff geholl ginn, déi et à la base iwwerhaupt erméiglechen, de Kanner a Jugendlechen hir Rechter an hir mental Gesondheet an Zukunft kënnen ze garantéieren.

Merci, fir d'Nolauschteren.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Léink*).- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och der Madamm Cecchetti. An nächste Riedner ass den Här Marc Goergen. Dir hutt d'Wuert, Här Goergen.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här President. Näischt op der Welt ass méi schéi wéi eng onbeschwiért Kandheet. Fir Elteren ass et dat Wichtigst an hirem Liewen, hire Kanner déi onbeschwiért Kandheet ze erméiglechen a si ze beglueden, fir erwuessen ze ginn. An als Papp weess ech jo, an ech ginn et och zou: Ier ech Papp gi sinn, konnt ech mir déi Emotiounen net esou staark virstellen -, wéi wichtig et fir d'Elteren ass, dass et hire Kanner gutt geet a wéi een als Eltere matleif, wann et de Kanner net gutt geet.

An der Interpellatioun haut komme vill Theemen op. Fänke mer mat der aktueller Zäit a Situatioun un.

Mir wëssen alleguer, dass déi aktuell Zäit fir keen einfach ass. Mee grad fir Kanner a Jonker ass dës sanitär Kris awer och mat besonnesch villen Ängschten, Onsécherheeten an, jo, och Entbierunge verbonnen. Dofir soen ech och dem Serge Wilmes villmools merci, dass hien déi wichtig Demande fir haut gestallt huet, fir esou iwwert de Sujet vum Bien-être vun de Kanner ze schwätzen.

Déi unhalend Onsécherheet, déi mat der Pandemie verbonnen ass, belaauscht d'Kanner an d'Jugendleche am Land, an dofir ass et wichtig, dass d'Politik sech Weeër iwwerleet, fir déi Jonk an awer och hir Familljen ze ënnerstëtzen. Well et si grad d'Familljen, déi de Kanner a schwéieren Zäite Stabilitéit a Sécherheet vermëttelen kënnen, an dat ganz oft souguer och dann nach, wann et eng ganz Rei Problemer an der Famill gëtt.

Wéi aus dem Jugendrapport vum Ministère ervirgeet, sinn 2020 während dem éischte Lockdown eng ganz Rei Placementer vu Kanner an Heemer suspendéiert ginn an d'Kanner an d'Famillje kruten doheem méi professionell Ënnerstützung amPlaz. Wichtig ze soen: Dobäi soll sech a ville Fäll gewisen hunn, dass d'Famill besser eens ginn ass, wéi dat am Virus erwaart ginn ass.

An och an de Schoule berichten Enseignantë vu Kanner, déi virun der Pandemie Problemer haten, am Unterrecht matzekommen an da vum Homeschooling profitéiert hunn, fir Inhalter opzeschaffen. Et ass eeben net alles negativ ze kucken. Familljen, deene soss d'Zäit gefeelt huet, fir nieft der eegener Aarbecht nach mat hire Kanner ze schaffen, haten op eemol méi Zäit an hunn déi zum Wuel vun de Kanner agesat. Mee elo, wou zënter dem Summer de System vum Homeoffice erëm geännert huet, war wuel och d'Enttäuschung fir esou munch Kanner ëmsou méi grouss, dass d'Elteren elo erëm manner doheem sinn.

Mee déi genannte positiv Fäll weisen awer och, dass et hei am Land Famillje gëtt, deenen et, opgrond vun hire Liewensëmstänn, net méiglech ass, esou no hire Kanner ze kucken, wéi si et gäre wélten an och kéinten, well et hinnen u Méiglechkeete feelt.

Dofir gesi mir Piraten et och weiderhi skeptesch, dass d'Regierung Familljen, an deenen déi zwee Elterendeeler oder een Elengerzéiende vollzäit schafft, mat verschiddene Sachleeschtungen ënnerstëtzt a gläichzäiteg awer Persounen, déi léiwer manner schaffe wélten, fir hir Kanner net an eng Crèche oder eng Maison relais ze ginn, eleng léisst. Elteren, déi sech mat hirer Aarbechtssituatioun wuel fillen, sinn Elteren, déi och zefridde sinn. An dës Zefriddenheet wierkt sech och op d'Kanner aus. Dofir wier et ëmsou méi wichtig, den Elteren d'Wiel ze loossen, ob si vun enger staatlecher Betreiuungsoffer profitéieren wëllen oder ob si hir Kanner selwer doheem versuerge wëllen.

Fir d'Wuelbefanne vun eise Kanner ze steigern, gëtt dofir en neie Modell vu Kannerbetreuung gebraucht: Een, deen et Koppelen oder Elengerzéienden erméiglecht, e selbstbestëmmt Liewen ze féieren. Dofir fuerdere mir Piraten ëmmer nach d'Ausbezuale vum Chèque-service accueil, dat, fir Famillje mat klengem bis mëttlerem Akommes net weider ze zwéngen, zu zwee musse schaffen ze goen, wa si dat eigentlech net wëllen, an et och Elengerzéienden ze erméiglechen, fräi ze entscheeden, ob si vun enger Betreuungsstruktur wëlle profitéieren oder léiwer méi Stonnen doheem mat de Kanner verbréngen.

Dës Mesure géif dem Staat net méi Käschte verursachen, mee géif de Mënschen eng Wiel loossen.

Wie sech fir eng Betreuung an enger Struktur entscheet, soll dës vum Staat weiderhi bezuelt kréien, eeben esou, wéi dat aktuell och schonn de Fall ass. Wie seng Kanner awer léiwer selwer wëllt doheem betreiben, dee soll dës Zomm ausbezuelt kréien. Esou kéinte mir den Alldag vu ville Kanner vill manner stresseg maachen, well si an hire Familljen opwuesse kéinten an esou liewe kéinten, wéi se sech dat wënschen, an net, wéi de Staat hinnen et virschreift.

Gläichzäiteg ass et wichtig, d'Offer un Hëllefstellige fir Eltere mat verhalensopfällege Kanner eropzesetzen.

Ëmmer méi Kanner fält et schwéier, sech an der Schoul ze konzentréieren oder roueg setzen ze bleiwen, och ëmmer méi Kanner falen an de Schoulen duerch aggressiivt Verhalen op. Vill Enseignanten a Famillje wëssen net, wéi se dës Kanner am beschten hëllef kënnen a fille sech vun de staatleche Servicer alt eleng gelooss, well d'Waardeleschte einfach ze laang sinn. An dat huet net nëmmen en Afloss op d'Wuelbefanne vun deene betraffene Kanner, mee och op hir Klassekomeroden a Kollegen. Hei ass an der Vergaangenheet scho vill geschitt, mee d'Offer bleift trotzdem nach ëmmer hannert der Demande zrëck.

Här President, nieft der Famill sinn och d'Frënn ganz wichtig als Ressource fir d'Wuelbefanne vun

engem Kand. Frëndschafte si wichtig fir d'Entwécklung vun engem Kand a si kënnen fir déi Jonk eng wichtig Stütz sinn. Mat der Pandemie kouw awer de Problem vun der Isolatioun vun de Frënn op, an dat ass fir d'Kanner net einfach. Et gesäit een net méi esou vill Kollegen an esou grouse Gruppe wéi virdrun, ëmmer nees mussen Distanzen agehale ginn, déi ee vun de Frënn trennen. Dat ass schwéier! An esou kann e Kand sech séier eleng fillen. D'Onlinekontakter mat de Frënn sinn dofir mat der Pandemie méi wichtig ginn, wéi se et souwisou scho virdru waren. An dat Ganz kann eppes Guddes sinn, well et de Jonken erlaabt, dagdeeglech mat hire Frënn, déi hinne Kraaft schenken, a Verbindung ze bleiwen.

Insgesamt spillt d'Schoul, wou d'Kanner e Groussdeel vun hirer Zäit verbréngen, an der Liewenswelt vun de Kanner an de Jonken eng ganz grouss Roll. D'Schoul kann eng Plaz sinn, wou d'Kanner sech entfale kënnen a Spaass dorun hunn, nei Saachen ze léieren. Mee si kann awer och e Stressfacteur sinn, wann de Programm iwwerfuert, dat soziaalt Ëmfeld net stëmmt oder eng Prüfung no där anerer usteet. Den Alldag vun eise Kanner ka ganz stresseg sinn, ugefaangen bei den Auerzäite vun de Schoulen. Oft gëtt et en héijen Erwaardungsdruck, Zukunftsängschten an dann och nach e volle Programm, dee vu fréi moies bis owes ofgehale gëtt.

Här President, Ängschten, Depressionen an aner Kannerkrankheete (veuillez lire: mental Krankheete) kënnen och déi Jugendleche betreffen, an d'Theema vun der mentaler Gesondheet beschäftegt si ganz vill. Mir hunn et jo och d'lescht Woch am Kader vum Jugendkonvent héieren: Déi Jonk wënsche sech eng besser Prise en charge, wat d'mental Gesondheet an de Schoulen ugeet.

An d'Piraten ënnerstëtzen dës Fuerderung voll a ganz. Mir hunn eis dofir d'lescht Woch och gefreet, wéi gesot gouf, dass virgesinn ass, et an enger éischter Phas den Enseignanten an duerno och de Schüler ze erméiglechen, en Éischt-Hëllef-Cours an der mentaler Gesondheet unzébiden. Esou wéi jidderee sollt wëssen, wéi eng verletzte Persoun ka versuergt ginn, bis eng Ambulanz antrëfft, esou sollt och jidderee wëssen, wat ze maachen ass, wann en Erwuessenen oder e Kand suicidaire oder depressiv erschéngt.

Et ass elo schéin a gutt, d'Léierpersonal an och d'Schüler esou auszebilden, datt si Éischt Hëllef leeschte kënnen, mee da muss awer och garantéiert ginn, dass duerno e professionelle Suivi ka gemaach ginn.

A bleiwe mir beim Jugendkonvent vu leschter Woch, wou ech awer e bëssen erschreckt war iwwert d'Aussoe vun eenzelne Schüler, déi jo all Dag um Terrain sinn a sécherlech hir Erfarungen hei gäre matgedeelt hunn, déi hei gehéiert gi sinn, an den Här Meisch war jo och um Jugendkonvent derbäi, dass et net ëmmer esou gutt klappt tëscht dem Léierpersonal an den eenzelne Schüler, wéi hie sech dat eigentlech virstellt. An dass awer, wéi ech et eraushéieren hunn, Moossname feelen, fir do eng Bréck ze bauen. Et ass nämlech net, wéi wann déi Schüler um Jugendkonvent gesot hätten, d'Proffe wären e Problem. Nee, et feelt einfach un der Bréck, wéi se kënnen an hire Schoulen, an hire Lycéene, mat de Proffen oder mat dem Léierpersonal schwätzen, sief dat duerch eng anonym Meldestell oder sief dat duerch aner Méiglechkeeten, wéi déi Jonk um Jugendkonvent et wollten hunn. An, wéi gesot, et war erschreckend, dass esou vill Jonker mat deem Thema komm sinn. An ech muss och soen, fir eis als Politiker war dat sécherlech hëllefträich, eng Kéier fir deen Thema vill méi sensibiliséiert ze ginn, well ech ginn et och éierlech zou: Ech hat dat net esou um Radar!

Bleiwe mer bei deene Groussen. Do ass et fir eis Piraten ganz wichtig, dass d'Jugendhaiser an Zukunft nach méi Méiglechkeete sollen kréien, well fir eis sinn et d'Jugendhaiser, déi déi Jonk kënnen opfänken a wou déi Jonk kënnen hir Fräizäit verbréngen, wann eeben, an dat ass nu mol meeschtens de Fall, keen doheem ass, fir op déi Jonk opzepassen oder fir einfach Zäit mat hinnen ze verbréngen. Well et ass zwar virdrun hei ugeklongen - ech mengen, et war déi gréng Kollegin -, et soll een emol analog Spiller mat de Kanner maachen. Jo, dat ass schéin a gutt. Mee kuckt dann emol eng Kéier, wéi vill Eltere freides nach mussen, well iergendeng Keess soll a muss opbleiwen, bis 21.00 Auer schaffen. Dat heescht, moies sinn d'Kanner an der Schoul, an owes schaffen d'Elteren dann nach duerch. An ech mengen, et ass déi liberal Partei, déi souguer higaangen ass a gesot huet, si géif d'Öffnungszäiten nach gären erweideren. Ech mengen net, dass dat zu engem gudden Familljeliewe wäert bäidroen, wa mer herno Elteren hunn, déi owes bis néng, zéng Auer schaffen a weekends nach méi musse schaffen, déi doheem sinn, wann d'Kanner an de Schoule sinn, awer da schaffe ginn, wann d'Kanner doheem sinn. Dat ass e Problem, dee mer an der Politik ganz kloer mussen upaken. An dofir musse mer esou Virschléi och ganz kritesch kucken, wa mer d'Elteren nach méi schaffen dinn.





Zum Fazit: Mir Piraten sinn der Meenung, dass d'Elteren an Zukunft méi musse kënnen bestëmmen, wéi se d'Zäit mat hire Kanner verbréngen, an datt mer hinne de Choix musse ginn, ob se se an eng Maison relais ginn oder an eng Crèche, wann natierlech Plaze fräi sinn - mir wëssen alleguerten, wéi d'Waardelëschten aktuell an de Gemengen duerch d'Land sinn -, oder ob se hir Kanner selwer doheim betrieien an dann de Staat finanziell entgéintkënn.

Dir als Majoritéitsparteien entscheet awer och mat, wéi gutt d'Betreiung doheem ass a wéi gutt d'Eltere kënnen fir hir Kanner suergen a wéi vill Zäit Der hinne gitt. Dat ass e ganz wichtege Faktor. Et ass ganz schéin, dat alles aus de Rapporten ze liesen. Et ass awer och eis Pflicht als Politik ze soen, dass et Méiglechkeete gëtt, fir de Leit méi Zäit mat hire Kanner ze ginn, fir de Kanner eng schéi Kandheet ze erméiglechen. Well si mer dach emol alleguerte realistesch: D'Liewen ass nun emol endlech an d'Zäit zesummen och! An dofir wär et quasi der Politik hir verdammte Pflicht, fir den Eltere méi Zäit mat hire Kanner ze ginn.

Merci.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. A lescht ageschriww Riednerin ass d'Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Francine Closener** (*LSAP*).- Villmools merci, Här President. Am leschten annerhallwe Joer ass vill an dacks iwwert de Bien-être vum Kand geschwat ginn. Och hei hat an huet Corona negativ Repercussionen op déi Jonk. D'Kanner an déi Jugendlech hale sech allgemeng zwar ganz daper, a sinn awer verdrësslech a „pandemidd“ iwwert de Verloscht vun esou engem grouse Stéck vun hirer Jugend.

Ouni Zweifel geet et ville vun hinnen erëm e gudd Strapp besser, soubal se hir Normalitéit zrëckkréien. Allerdéngs ass et awer och kloer: Och virun der Pandemie ass et ville Kanner net gutt gaang! Et gouf eebe just net esou vill doriwwer geschwat. Fir datt e Kand sech gutt entwéckelt, brauch et méi wéi d'Absence vun engem Virus. Duerfir brauch et déi dräi grouss „B“: Bindung, Bildung a Beweegung. Dat sinn déi dräi zentral Pilieren, op deenen d'Wuelbefanne vu Kanner a Jugendleche berout. Déi musse fest an zolidd sinn, respektiv mir müssen derfir suergen, datt se méi zolidd ginn, an zesummen de kierperlechen, psycheschen an emotionalen Equiliber vum Kand garantéieren.

Meng Kolleegin Simone Asselborn-Bintz huet an hirer exzellenter Ried vill vu Bindung geschwat. An déi ass net just wichteg bei de Puppelcher an de klenge Kanner. Beileiwen net. Bindung bedeit Opmierksamkeit, Affektioun, Interessi, Virwëtzt a Vertrauen. An dat alles ass d'Viraussetzung, fir datt och d'Bildung ka glécken. Woubäi deen drëtte „B“, d'Beweegung, grad an Zäite vu Fortnite a Minecraft, vun Homeschooling an digitalem Unterrecht, grad elo eng weider Konditioun ass, fir datt d'Kanner sech wuel an hirer Haut, an hirem Kapp an an hirem Kierper spieren.

Et ass nun emol esou, datt eis Kanner „digital natives“ sinn, mam Internet a Smartphone opgewuess, an als User si si eis heibannen - gréisstendeels lauter Boomer - Liichtjore virus. Ob mir dat elo gutt fannen oder net, datt ass eigentlech iwwerhaapt net relevant. D'Kommunikatioun huet sech grondleeënd geännert an et geet monter weider, Metaverse léisst gréissen!

Dat huet sonner Zweifel positiv Säiten. Mee et bedeit awer och, datt an der Educatioun, doheem an dobaussen, nach vill méi Wäert drop geluecht muss ginn, datt d'Kanner an déi Jugendlech eeben net nëmme Konsumente sinn, mee verstinn, wéi d'Algorithme funktionéieren, wat reell ass a wat Fake, wat fiabel Sourcë sinn a wat absolutte populistesche Blödsinn.

Digital Sciencen heescht d'Fach, dat neierdéngs an enger ganzer Rei Lycéeën enseignéiert gëtt. Dat ass prinzipiell a mengen Aen dee richtege Wee. Et ass sécherlech nach ze fréi, fir dovunner e Bilan ze zéien. Mee et ass net ze fréi fir ze soen: „Medienerzëiung ass schonn haut a wäert nach vill méi eng Conditio sine qua non si fir den Erhalt vun eiser Demokratie.“

Wa mer vu Cyber schwätzen, schwätze mer natierlech och vu Cybermobbing. Laut der leschter NBSC-Etüd si knapp 9 % vun de Schüler op d'mannst schonn eng Kéier dovunner betraff gewiescht. Hei musse mer och als Politiker eis Responsabilitéit iwwerhuelen an aktiv dergéint virgoen. Et ass en enormen an, mengen ech, nach ëmmer ënnerschte Risiko fir de Bien-être vun eise Kanner. Och hei gesinn ech d'Schoul an der Pflicht. Och hei muss verstärkt op d'Mediekompetenz an den Émgang mat de sozialen an den asoziale Medien an der Schoul gesat ginn.

Mee och d'Eltere müssen e Gehéier an e Gespier fir hir Kanner behalen oder zrëckkréien, fir éischt Symptomer vu Verännerungen, vu Verhalensproblemer ze gesinn. „Kanner stäerken“ ass d'Devis vum

Educationsminister. Ganz richtig! Dat ënnerschreiw en ech mat zwou Hänn. Mee och d'Eltere brauchen heiansdo Hëllef. Good-Parenting-Programmer gëtt et zum Beispill an den nordsche Länner jo eng ganz Rei, déi d'Elteren, déi dat och wëllen, an Usproch huele kënnen.

D'Politik kann a soll do e Kader setzen. An zu deem Kader gehéiert och d'Recht op Deelzäitaarbecht, scho laang eng Fuerderung vu menger Partei, der LSAP. Dorënner versti mer, datt all Mënsch aus familiäre Grënn e Recht soll drop hunn, manner kënnen ze schaffen an dofir méi Zäit fir seng Kanner ze hunn, de Corollaire am Fong vum Congé parental. De Staat misst awer an deem Fall bis zu 30 % vun de Baiträg un d'Renteversecherung iwwerhuelen. Et dierf nämlech wierklech net derzou kommen, datt Elteren, ob dat elo Papp ass oder Mamm, déi sech fir dee Modell entscheiden, deen Ament Pensiounsuspréich, awer och Karriärsuspréich verléieren. Mir hu laang, ganz laang fir Kannerbetrieungsstrukture gekämpft, fir datt d'Fraen, well et waren an deene meeschte Fäll d'Fraen, net méi virun der Entscheidung misste stoen: Karriär oder Kanner? Elo gëllt et, e weidere Schratt a Richtung modernt Zesummeliewen an Zesummespill vu Famill an Aarbecht ze goen.

Här President, et ass gutt a richtig, datt mer haut iwwert de Bien-être vun de Kanner a Jugendleche schwätzen. Fir mech ass et awer allerdéngs vill méi wichteg, net nëmmen iwwer si ze schwätzen, mee mat hinnen, a se och matschwätzen ze loosse.

Ech wäert an deenen nächste Minutten och iwwer si schwätzen, datt awer, nodeems ech a ville Gespräicher, Rendez-vousen och mat hinne geschwat hunn: mat dem Jugendparlament, dem Jugendkonvent, de Kanner aus dem Zuch vun der Demokratie, eise Jusoe bis zur ACEL an nach villen aneren.

Si all sinn der Meenung, datt hire Bien-être, hir Zefriddenheet, iwwert déi lescht Méint enorm erfogaang ass. Mir hunn d'Zuelen héieren. Just nach eemol eng: 16,5 % vun de Jonken tëscht 10 an 19 Joer zu Lëtzebuerg hu mat mentale Problemer ze kämpfen. Dat sinn 11.000 Meedercher a Jongen. 11.000! Ech fannen, dat ass eng erschreckend Zuel, wou Proaktivitéit vun der Politik gefuerdert ass.

D'LSAP fuerdert nach emol, wéi scho bei der Debatt iwwert d'Preventioun vum Suicide, eng reegelméisseg Presenz vun engem Psycholog an der Grondschoul, zum Beispill a Kombinatioun mat der annueller Visitt vum Schouldokter, fir den Tabu ze brieche, de Kontakt proaktiv hierzestellen an an engem ganz onverfängleche Gespréich eventuell Problemer ze entdecken. À long terme misst et eigentlech an all Schoul eng Ekip aus Educateuren, Infirmiëren oder Infirmieren a Psychologe ginn.

Eis ass awer natierlech bewosst, datt dat weinst der Penurie an dese Beruffsfelder net evident ass. Den éischte Schratt, e Psycholog eemol d'Joer matzeschécken, musse mer elo goen.

Och d'Servicer vum CePAS an de Lycéeë musse sech permanent weiterentwéckelen. Déi vun lech, déi déi lescht Woch hei mat de Jonke vum Jugendkonvent diskutéiert hunn, hu selwer héieren, datt et do awer nach manifestement Problemer gëtt. Bestëmmt net an all Lycée, mee et gëtt der awer. Déi Jonk hunn net iwwerall Vertrauen an déi Servicer oder se empfangen net, datt se do wierklech gehollef kréien. Deen éischte Schrëtt a Richtung CePAS maache se ganz ongär. An duerfir, Madamm Hetto, musse mer och oppassen, wat mer an der Grondschoul maachen. De Psycholog muss bei d'Kanner, an net d'Kanner müssen den éischte Schrëtt maache bei de Psycholog. Si sollen net müssen d'Initiativ huelen!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Francine Closener** (*LSAP*).- Och d'Relatioun tëscht de Jugendlechen an den Enseignantë gouf hei vum Jugendkonvent thematiséiert. En Enseignant, dee seng Schüler versteet, op se ageet, jee, eng Bindung zu hinnen huet, dee kann hinnen ouni Zweifel och am meeschte Wësse vermitteln. Vlächit wier et awer sënnvoll, d'Iddi vun den Tuteuren, déi et jo plazeweis scho gëtt, ze verdéiwen an à terme ze generaliséieren.

Här President, aus der villzitéierter Covid-Kids-Etüd geet kloer ervir, datt grad déi Kanner ënnert der Kris gelidden hunn, déi aus manner gutt gestaltte Famillje kommen. Hiert Wuelbefannen huet am Verglach mat de Kanner aus bessere Milieuen däitlech méi gelidden. E räicht Land wéi Lëtzebuerg kann dat net akzeptéieren, zemoos jo och de Bildungsbericht an net zulescht d'Épreuves standardiséés ëmmer erëm op dee Problem hiweisen. Wat d'Akommes vun den Eltere méi niddreg ass, wat de Schüler et op sengem Parcours an der Schoul méi schwéier huet. Ech hunn et schonn oft gesot: D'Schoul muss erëm zum soziale Lift ginn. Gerecht ass, wann all Kand déi Hëllef kritt, déi et brauch, fir seng schoulesch Ziler ze erreechen. Déi gratis qualifizéiert Nohëllef, no där mir als LSAP esou dacks scho gefrot hunn, ass duerfir e wichtegt Instrument. Se soll elo jo agefouert ginn, an dat begrëssen ech ausdrécklech. Ech denken, datt am Ministère äifreg um

Konzept geschafft gëtt. Vlächit kann de Minister herno eppes dozou soen.

E ganz anert Instrument nach, wat eis Kanner a Jugendlech duerch dee ganzen Educationsparcours begleet a souguer bestëmmt, ass d'Orientéierung. Bei de jeeweilegen Etappen, vum 4.2, also dem sechste Schouljoer, op Septième, dann am Lycée an der Sektionsauswiel, der Berufswiel a spéider eventuell beim Choix vun engem eventuelle Studium, entscheet et sech ganz däitlech, a wéi eng Richtung d'Achterbunn vum Liewe vun eise Jonke weidergeet. A wéi eng Richtung, mat wéi enger Viteess an, virun allem, mat wéi engem Zil.

Hei brauch et Orientéierungsexperten, déi méi wéi bis elo mat Rot an Dot zur Säit stinn. Eng Orientation par l'échec, wéi mer se laang Zäit kannt hunn an nach ze vill kennen, muss definitiv der Vergaangeneheet ugehéieren. Jonk, zefridden, motivéiert Leit am Berufsliewe bréngen eis ganz Gesellschaft no vir. Duerfir müssen och déi verschidden Orientéierungsprozesser eigentlech permanent iwwerschafft ginn an och méi effizient ginn.

Ech hu selwer e Kand am 4.2 an och eent am Lycée. An ech gesi vill Elteren, besonnesch Eltere mat auslänneschen Originen, déi e bësse verluer sinn, well se den Opbau vun eise Schoulsystem net richtig verstinn. D'Enseignantë maachen hiert Beschit, e bësse méi Transparenz wär awer vlächit net vu Muttwëll. Zum Beispill am 4.2: Wat ass dann elo dat Beschit? Lycée de proximité? E Lycée, dee méi e spezielle Profill huet? École internationale? Wat sinn d'Virdeeler? Wat sinn d'Nodeeler? Soll eist Meedchen tatsächlech an de Classique, well et gutt Punkten huet, obwohl et vlächit kreativ ass oder handwierklech begaabt? Wier et do net besser am General?

Fir de Bien-être à moyen an à long terme vum Kand, dem Jugendlechen an duerno dem jonken Erwuesenen ass eng richtig Orientéierung vun enormer Bedeitung.

Léif Kollegeinnen a Kollegen, wat d'Santé mentale vun deene Jonken ugeet, kënn et op all eenzelt Instrument un. Sou sinn zum Beispill d'telefonesch Assistenzen nach ëmmer vu grousser Bedeitung. Ech denken un de Kanner-Jugendtelefon: 2020 huet hei den Telefon 1.600-mol geschellt, wéi aus dem Joresrapport ervirgeet. Eng grouss Zuel, déi awer an der Baisse ass. Ass dat e gutt Zeechen? Ech mengen, mir müssen dat analyséieren, well d'Onlinedemande jo awer och däitlech gewuess ass.

Et gëllt jiddefalls, des Servicer nach ze ënnerstëtzen, bei deene Jonken och nach méi bekannt ze maachen.Och dat ass eng Fuerderung vum Jugendkonvent.

Här President, Bildung, Bindung, an nach e Wuert zum drëtte Pilier: Beweegung. Kanner a Jonker brauche Beweegung, vill Beweegung! Fir vill vun hinnen ass de Schoulsystem net esou einfach ze packen. Roueg sëtze bleiwen, frontalen Unterrecht, nolauschteren, Aufgaben, Hausaufgaben. Do sinn dertëscht zimmlech vill Ventiller néideg. A grad während der Pandemie mat de Restriktionen, déi mer kannt hunn, gouf et där Ventiller manner wéi soss, och wann zu Lëtzebuerg, an dat muss een däitlech soen, am Beräich vun der Schoul, vum Schoulsport, dem para- a periscolaire Beräich, mee och am Sport, ëmmer méi méiglech war wéi an eisen Nopeschlänner. Dat muss ausdrécklech begréisst ginn, an ech felicitéieren eiser Regierung och dofir.

Fir de gudden Equiliber fir d'Kanner brauche mer eeben awer och nach weider Efforten. An et si vill Initiative geholl gi respektiv geplangt: de Plan de relance Sport 2.0, deen am Summer presentéiert gouf vum Sportminister, de Programm „Go to sports“, deen eng Hëllef vu 50 Euro fir all nei Lizenz vun engem Jonken ënner 16 Joer an engem Sportveräi virgesäit an dee wuel ganz vill Uklang fonnt huet, d'Initiativ „Bewegte Schule - clever move“, fir am Fondamental an an de Maisons relais d'Initiativ fir d'Entwécklung vun der Motricitéit vun de Kanner ze ënnerstëtzen, eng Initiativ, déi ausgeweit soll a ka ginn, d'Strategie „Gesond iessen, méi beweegen“ a villes méi. Dann och d'Handbuch fir d'Bewegungsförderung bei Kanner vun null bis zwielef Joer.

Interessant ass och d'Iddi aus dem Regierungsprogramm vum Kannerveräinsbus, dee jo soll d'Relatioun maachen tëscht de Maisons relais an de lokale Veräiner an et de Kanner erméiglechen, hire Sport oder och hir Kultur ze maachen, well d'Bewegung fënnt och am Kapp statt. An eng Partie Gemenge maachen dat jo elo scho mat grousem Erfolleg. Dat ass gutt fir d'Kanner, et entlaascht d'Elteren an et ass gutt fir d'Veräinsliewen an de Gemengen.

Léif Kollegeinnen a Kollegen, jiddereen ass emol schlecht drop. Jidderee fënnt et gutt, wann en dann een huet, mat deem e ka schwätzen, deen engem nolauschtert an deen een och eescht hält. Dat ass bei deenen Erwuesenen esou, a bei de Kanner nach vill méi. Si hunn et verdéngt, datt mer mat hinne schwätzen. Si hu ganz vill Iddie fir hiren eegene Bien-être. Ganz, ganz vill Jonker vu 15, 16 Joer wësse ganz genee, wat se wëllen, vu wat se

schwätzen a wat se brauchen. An duerfir stinn ech widerhin zu der LSAP-Iddi vun engem Walrecht ab 16 Joer.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Francine Closener** (*LSAP*).- Här President, de Sujet Bien-être vun de Kanner a Jugendleche muss eng Prioritéit fir all Gesellschaft sinn. Et gëllt, u ville Schrauwen ze dréien, auszetauschen, neier bäizesetzen: De Psycholog an der Schoul, d'Brieche vun Tabuen, d'Opklärung vun de Jonken, d'Gläichstellung vu Meedercher a Jongen, eng besser Medienerzëiung, Ennerstëtzungsplattformen fir Elteren an eng effektiv Orientéierungsprozedur an der Schoul si just e puer Beispiller, fir déi d'LSAP sech och an Zukunft verstärkt wëllt asetzen.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och der Madamm Closener.

An domat ass d'allgemeng Diskussioun ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert. Den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

*Prises de position du Gouvernement*

■ **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, ech fänken un, op déi eenzel Initiativen an Interventiounen hei ze reagéieren. D'Familljeministesches d'Corinne Cahen an d'Gesondheitsministesch Paulette Lenert wäerten awer och nach Stellung bezéien.

Fir d'alleréischst wëll ech der Chamber Merci soen an dem Interpellant Merci soen, dem Serge Wilmes, dass hien d'Wuelbefanne vun deene Jonken, vun de Kanner an deene Jonken, an de Mëttelpunkt vun enger Chambersdebat gestallt huet, well et gehéiert dohinner. Et gehéiert reegelméisseg dohinner!

Et ass an der Debatt ëmmer nees kloerginn, datt grad och elo nach an der Pandemie - et traut ee sech bal net ze soen „um Enn vun der Pandemie“ -, mer eis ganz besonnesch musse mat deem Sujet beschäftegen, well d'Pandemie war sécherlech net gutt, fir keen, mee war besonnesch aschneidend an d'Liewensrealitéit vun deene Jonken, an huet awer hire Kader, an deem se sech fräi kënnen entfalten, musse kënnen entfalten, extreem ageschränkt.

Ech denken, datt eng Viraussetzung, fir datt och jonk Mënsche sech an eiser Gesellschaft wuelspieren, ass, datt mer hinnen nolauschteren, datt mer mat hinnen diskutéieren, datt mer awer net wéi Kanner mat all jonkem Mënsch diskutéieren, mee datt mer probéieren, op Aenheicht ze diskutéieren. An dat war eng ganz flott Erfahrung, déi mer och d'lescht Woch nach hei an der Chamber am Plenum gemaach hunn ulässlech vum Jugendkonvent.

Flott war och, datt deen erëm konnt stattfannen, wou een e flotten Echange huet, wou déi Jonk mat hire Virstellungen, hiren Ambitiounen an hire Kritiken, awer och mat ganz konkreten Iddien kommen. A wou ech mengen, datt et un eis ass, se eescht ze huelen. Mee se awer och eescht ze huelen, andeems mer och mol erklären, wat geet, wat net geet, wat direkt geet, wat méi spéit geet, wat et scho gëtt, wat déi Jonk och selwer kënnen bäidroen. Nun, alles dat soll am politesche Raum kënnen stattfannen. An ech mengen, fir datt Jonker sech wuelspieren, soll dat och doheem an der Famill änlech sinn, soll dat an de Schoulen änlech sinn, an de Jugendhaiser änlech sinn, an de Veräiner änlech sinn. Déi Jonk solle mierken, datt se eescht geholl ginn an datt se eppes kënnen beweegen, jo, esou wéi et am Fachjargon heescht, datt se „wierksam“ sinn an datt si selwer hiert Émfeld, hir Welt, an där se liewen, kënnen matgestalten, well dat ass eng éischt Viraussetzung, fir datt ee sech als Mënsch ka wuelspieren, a sécherlech gëllt dat och fir déi Jonk.

Et ass ganz besonnesch och vum Interpellant opgeworf ginn, mir bräichte méi Zuele ronderëm de Sujet vum Wuelbefannen, vum Bien-être vun deene Jonken. Nun, et gëtt scho ganz vill Zuelematerial. Dir selwer alleguerten, déi virdrun hei intervenéiert sidd, hutt ëmmer nees Zuele genannt, déi sech op Etüde baséiert hunn. Et gëtt de Jugendbericht 2021, dee mer virun e puer Méint eréischt publizéiert hunn, wou ganz vill Iddien, Analysen an och Zuelematerial opgegraff goufen, dee sech ganz spezifesch mam Sujet vum Wuelbefanne vun deene Jonke beschäftegt huet, deen natierlech och de Fokus op d'Pandemie gesat huet an op de Lockdown.

Mir wäerten d'nächst Joer, also 2022, de Kannerbericht virleien hun, den éischte Kannerbericht, dee sech och mat deem Sujet hei beschäftegt, nämlech dem Wuelbefanne vun de Kanner, an deen 9.000 Kanner selwer befragt huet, well jiddereen am Alter vun 8, 10 an 12 Joer konnt do matmaachen. An 9.000 Kanner hunn 2019 bei enger Enquête matgemaach a sinn och elo nach emol gefrot ginn an der Pandemie, fir och do ze kucken, wat d'Pandemie mat de Kanner gemaach huet a wéi se sech virdu gespuert hunn a wéi se sech haut spieren. Do kréie mer sécherlech och nach eng Kéier e ganz aktuel-





len Iwwerbléck iwwert d'Wuelbefanne vun de Kanner hei zu Lëtzebuerg.

Et gëtt awer och ganz vill international Etüden, bei deene mer matmaachen. Dee gréisste Fundus vun Donnéeën iwwert d'Wuelbefanne vun deene Jonken, iwwert d'Gesondheet iwwerhaupt bei deene Jonken, an domadder och vun der mentaler Gesondheet, dat ass d'HBSC-Etüd, déi mer reegelméisseg zesumme mam Gesondheitsministère organiséieren. Mir organiséiere se virun allem mat, well et iwwert d'Schoule geet an dat d'Plaz ass, wou mer un déi Jonk dann erukommen. Et gëtt den OCDE-Rapport iwwert d'Wuelbefanne vun deene Jonken. Et gëtt den Unicef-Rapport iwwert d'Wuelbefanne vun deene Jonken. Ech denken, wa mer alles dat dote beieneeleeën an eis natierlech och d'Méi maachen, dat erauszehuelen, wat wichteg ass, wat relevant ass fir eis, och fir eis Diskussiounen, déi mer hei gefouert hunn, da kréie mer schonn e ganz gudde ganzheetleche Bléck dorobber.

An Dir wësst, datt mer jo och e Projet de loi an Äert Haus erabruecht hunn, fir aus dem Observatoire de la qualité scolaire en „Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire“ ze maachen, fir och déi Voleten, net nëmme vum Wuelbefannen, mee déi, déi allgemeng Kanner a Jonker betreffen, do gläichermooesse kënnen dann och ze traitéieren, ganz geziilt Etüden an Optrag ze ginn, Etüden ze resuméieren an och Recommandatiounen ze verfaassen.

Dir wësst, Dir Dammen an Dir Hären, datt mer während der Pandemie permanent beméit waren, fir d'Aschränkunge fir déi Jonk op e Minimum ze reduzéieren. An Dir wësst och, datt dat eis awer hei zu Lëtzebuerg besser gelongen ass wéi op anere Plazen. D'OCDE huet viru Kuerzem nach eng Etüd erausbruecht, datt mer dat Land sinn, wat op zweeter Plaz läit, wou d'Schoulen am mannsten zou waren. An dat war ëmmer eis Suerg, datt mer eng Normalitéit an dem Liewensalldag vun deene Jonke géifen eenegermooesse behalen, sief dat, wat de Volet Schoul ubelaangt, sief dat, wat déi auserschoulesch Aktivitéiten ubelaangt, wat d'Jugendhaiser ubelaangt. Mir hu gekuckt, datt dee ganze Volet, wou Jonker eeben och wuessen, opwuessen, grouss ginn, staark ginn, net ze vill ageschränkt géif ginn.

Dir wësst, datt et eis wichteg war, datt eng vun deenen éischten Aktivitéiten, déi nees ugelaft sinn, wéi alles aneschtens nach zou war quasi am Land, d'Hëllefaktivitéite vum ONE waren, vum Office national de l'enfance, fir an deene Familljen a bei deene Kanner ze intervenéieren, wou et wierklech dréngend noutwendeg war dee Moment. Dir wësst, datt mer innovéiert hu matten an der Kris an datt mer eng Summerschool geschafen hunn, an datt mer eigentlech och decidéiert hunn, datt dat esou eng flott Experienz war, datt mer dat wëllen iwwert d'Kris eraus perenniséieren an zu enger fester Offer vun eiser Bildungslandschaft weider developpéieren.

Nun, ech denken, wa mer d'Wuelbefanne vun deene Jonke wëlle stäerken, da musse mer d'Kanner stäerken, da musse mer déi Jonk stäerken. An dat geet iwwer ganz vill Weeër. An dat ass sécherlech nach eng kéier daitlech ginn de Mëtteg an där ganz interessanter Debatt, an deene ganz villen Interventiounen, déi awer ganz oft och en anere Bléckwénkel op d'Kand, op dee Jonke geholl hunn, an dee Bléckwénkel ass och ëmmer berechtegt. An duerfir, denken ech, ass et net esou, datt nëmmen ee Recht huet, mee jiddereen huet ëmmer iergendwéi och Recht, an dat mécht d'Chance, awer och d'Komplexitéit vun där Thematik hei aus.

An natierlech komme mer net derlaanscht, fir iwwert d'Schoul ze schwätzen. D'Schoul ass eng Plaz, e wichtige Liewensuert vun de Kanner. De Succès an der Schoul, ob et mer gutt geet an der Schoul, ob ech mech wuelspiere an der Schoul, ob ech weiderkommen an der Schoul, datt ass och determinant fir d'Wuelbefanne vum Kand selwer, vun deem Jonke selwer. An duerfir ass et wichteg, datt all d'schoulesch Acteure sech do engagéieren. An ech denken, wann ech d'Interventiounen hei resuméieren, da si mer eis do eens, datt dat net nëmmen eng Aktivitéit, eng Missioun ass fir spezifesch Servicier à la SePAS, mee datt all Acteur, nottamment och den Enseignant, do gefuerdert ass an datt deen, jo, permanent och mat enger Portioun Mënschlechkeet un déi Jonk muss erугоen.

Et ass awer och wichteg, datt mer strukturell an eise Schoule weider Saachen änneren. Mir wëssen, datt eis Schülerschaft esou divers ass, esou ënnerschiddlech ass wéi néierens aneschtens, a kengem anere Land op der Welt. An duerfir ass et wichteg, datt mer och ënnerschiddlech Schoulfferen hunn, fir iwwerhaupt eng Chance ze hunn, gutt an der Schoul kënnen unzukommen, sech gutt ze entwéckelen an och uewe qualifizéiert, diploméiert kënnen erauszekommen. Do hu mer ze laang probéiert, jiddereen duerch déi selwecht Millen ze dréien, mat dem Resultat, datt den Échec scolaire extreem grouss war, datt d'Redoublementer extreem grouss waren, datt d'Frustratioun extreem

grouss war a sécherlech dat alles op d'Wuelbefanne vun deene Jonke gedréckt huet.

D'Francine Closener huet gefrot: Wéi fënnt ee sech an där Schoullandschaft do erëm? Dat ass e richtegen Defi, dat ass wouer. Well mir selwer, déi an eise Schoulssystem grouss gi sinn, hunn heiansdo haut eis Schwieregkeeten, an déi, déi vu bausse kommen, wuel eréischt Recht. Gitt eng kéier op mengerschoul.lu kucken. Do probéiere mer, all d'Informatiounen, all Schoulffer och wierklech flott ze beschreiwen, zougänglech ze maache fir jiddereen, fir datt souwuel d'Enseignantë wëssen, wat déi nei Offere sinn, an datt se kënnen d'Schüler doranner ënnerstëtzen, mee virun allem, datt awer och d'Elteren dat kënnen consultéieren a sech dann och kënnen selwer e Bild maachen an hir Decisiounen, am beschten erëm eng kéier participativ zesumme mat hire Kanner, huelen.

Dee ganzen nonformale Bildungsberäich, deen entstanen ass, ass jo net entstanen exklusiv, wéi dat e puermol de Mëtteg ugeklongen ass, fir datt Mamm a Papp kënnen schaffe goen, den Auto, d'Haus an d'Vakanze kënnen bezuelen. Haut gesi mer d'Kannerbetreierung jo awer wierklech aneschtens. Mir schwätze vun nonformaler Bildung. Et geet drëms, datt dat och Raim sinn, datt dat och Momenter sinn, datt dat och en Encadrement ass, wou déi Jonk kënnen wuessen, als Mënsch kënnen wuessen; wou se ganz viles léieren, aneschtens léiere wéi an der Schoul, mee un hiren Erfarunge léieren; wou se sozial Kompetenzen entwéckelen; wou se och do erëm eng kéier kënnen hir Projeten developpéieren, ëmsetzen, réaliséieren, mieren, datt se wirksam sinn, datt se eppes kënnen beweegen an hirer Welt, an datt se spieren, wat an hinne stécht. Alles dat ass méiglech, an enger gudder Crèche schonn a ganz klengem Alter, an enger Maison relais, an de Jugendhaiser an a ganz ville Jugendaktivitéiten a Jugendveräiner. An dat musse mer, denken ech, och weider stäerken, fir datt mer deene Jonken déi Chance do wierklech net huelen.

Datt dat och héich professionell Aktivitéite solle sinn, datt mer do fir Qualitéit ze suergen hunn, ass kloer. A mir hunn eng ganz Rei vu wichtige Schrëtt déi lescht Joren an deem Domän gemaach.

Mir hunn d'Qualitéitsgesetz 2016 gestëmmt vun der nonformaler Bildung. Mir hunn en nonformale Bildungsrahmenplan, dee mer elo eng éischte kéier iwwerschafft hunn an nei opgeluecht hunn, zesumme mat den Acteure vum Terrain, fir aus der Erfarung vun deenen éischte Jore weiderzeléieren. Mir hu 26 Agents régionaux, déi present sinn an de Strukturen, an de Crëchen, an de Maison-relais, an de Jugendhaiser, an och do kucken, ob wierklech no deene jeeweilege pedagogesche Konzepter och geschafft gëtt.

Mir sinn amgaangen, eis Cellule-Audit am Ministère auszubauen. Well do, wou mer och emol Reklamatioune kréien, musse mer méi dacks kucke goen, dat ass kloer. An ech denken, wann Der d'Press suivéiert hutt iwwert déi lescht Wochen, do iwwerhëlt de Ministère och do seng Responsabilitéit, bis hin zur Schléissung vu Strukturen, wann et da wierklech net aneschtens geet, dann iwwerhuele mer eis Responsabilitéit.

Dir wësst, datt mer e groussen Investissement wëlles hunn an d'Weiderbildung vum Personal aus dem nonformale Bildungssecteur mam Budget 2022, wou mer ganz gezielt Formation continue finanzéieren iwwert de Staat, an dat all de Prestataire ubidden, de Gemengen, ASBLen, privatrechtlechen Acteuren, och kommerziellen Acteuren, fir sécherzestellen, datt déi Weiderbildung eng héich Qualitéit huet, datt déi Weiderbildung a Relatioun ass zu eise nonformale Bildungsplang an datt se wierklech den Agenten eppes bréngt an duerno natierlech awer och de Kanner eppes bréngt an en Investissement duerstellt an d'Qualitéit vun de Servicier.

Ech denken, datt zu Recht och de Mëtteg nach eng kéier d'Fro opgeworf ginn ass, och an enger Motioun, datt d'Assistants parentaux méi an de Fokus musse kommen. Mir sinn och an deenen dote Reflexiounen an an deenen Iwwerleeungen dran, souwuel wat d'Finanzéierungsmodeller ubelaangt, awer och wat de Statut vum Assistant parental ubelaangt, an ob een do vläicht eng Multitude vu Méiglechkeeten och schaaft. Well jiddereen ass do an enger anerer Liewensrealitéit, jiddereen hat een anere Passé, eng aner Ausbildung, en anere Beruff vläicht virdrun. Dat geet als Independent, dat geet awer och vläicht als Salarié. Ech denken, datt mer déi Aktivitéit do méi interessant kënnen maachen, vläicht och musse maachen. An duerfir muss ech soen, datt déi Motioun momentan eigentlech oppen Dieren arennt bei eis. A vläicht kéinte mer an der Kommissioun eng kéier déi Iwwerleeungen do austauschen. Dat geet op jidde Fall an déi Richtung, wéi mir och momentan am Ministère amgaange sinn ze iwwerleeën.

Dann hu mer jo ganz dacks, an dat ass och en Deel vun der Debatt gewiescht, eis net nëmmen op d'Qualitéit achséiert, mee och op d'Gratuitéit vun deene Servicier.

**(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)**

Well ech soen: Eng Kannerbetreierung ass haut net nëmmen e Service, fir datt d'Eltere kënnen schaffe goen, mee ass haut eng Bildungsoffer, déi, mengen ech, och muss, zu engem gewëssenen Deel op jidde Fall, gratis ugebuede ginn, esou wéi d'ëffentlech Schoul gratis ass, esou wéi all Bildungsoffer eigentlech an dësem Land soll gratis si fir Kanner a fir Jonker.

Duerfir hu mer 20 Stonne gratis Crèche agefouert. Duerfir wëlle mer och d'Gratuitéit vun der Maison relais während de Schoulwochen an der Optik vun engem Fonctionnement Ganzdaagsschoul an och an der Optik vun enger Integratioun an d'Maison-relaise vun enger gudder Hausaufgabenhëllef, enger gudder Assistenz während den Hausaufgaben. Duerfir wëlle mer och d'Gratuitéit vum Musekunterrecht, fir grad och déi kreativ Aktivitéite weider kënnen ze férdere. A mir maachen dat jo och - an duerfir wonnert et mech awer e bëssen, Dir Dammen an Dir Hären, wann hei elo dat duergestallt gëtt, wéi wann déi Gratuitéit nëmme fir a sozial prekäre Situatiounen dierft spillen -, mir maachen dat och, fir d'Famillje finanziell ze entlaaschten.

Wann déi selwecht Riedner eis dowéinst kritiséieren, dann hei awer gläichzäiteg soen, datt déi finanziell Laascht, déi op de Familljen haut laascht, et net erméiglecht, ëmmer dann do ze si fir d'Kanner, wann et dann awer noutwendeg ass, dann, mengen ech, sollte mer doriwwer am Fong awer nach eng kéier schwätzen, well da schwätze mer iergendwou awer laanschteneen. Wann d'Maison relais gratis ass, wann d'Crèche manner kascht, wann och an der Mëttesstonn ee vläicht net méi da muss fir d'lesse bezuelen - an déi Moosnam, déi d'Regie-rung jo proposéiert huet, huet awer e Volume fir e Lycéeskand herno vun 800 Euro a méi d'Joer, dat ass substanzuell -, da kann ee sech an der Famill och vläicht aneschtens organiséieren, da kann ee seng Work-Life-Balance vläicht aneschtens fannen, wéi dat de Fall ass, wann ech all déi Servicier do muss deier bezuelen. Dofir solle mer vläicht do e Stéckwäit vun enger ideologescher Diskussioun ewechkommen a wierklech kucken, wéi mer d'Famillje kënnen ënnerstëtzen.

Et gëtt, Dir Dammen an Dir Hären, eng ganz Rei vun neien Erausforderunge fir Kanner a fir Jonker, déi mir, wéi mer Kand waren, wéi mer jonk waren, net kann hunn. An zu deene gehéieren eeben och déi digital Medien, den Émgang domadder. A mir léieren alleguerten domadder. Mir wëssen, wéi mir als Erwuessener fonctionéieren, a mir sinn net ëmmer dat allerbescht Beispill fir eis Kanner a fir déi Jonk. Kee vun eis kuckt net momentan grad op de Smartphone ..., zwee, dräi, véier, jo, elo op eemol ginn d'Hänn an d'Luucht hei.

**(Hilarité)**

An ech denken, datt dat e Phénomène ass, deen net nëmmen d'Kanner - Eenzeler loosse sech och net stéieren dobäi, gesinn ech! -, deen net nëmmen d'Kanner betrëfft, mee eng ganz Gesellschaft. An dat ass besonnesch schwierig, well Erzéiung huet do eppes domadder ze dinne, wéi ech et selwer a menger Erzéiung kann hunn, sief dat, wéi ech et an der Schoul kann hunn, wéi ech et doheem bei mengen Eltere kann hunn. An dat dote gouf et nach net, wéi mir Kanner waren, wéi mir jonk waren, an duerfir si mer als Elteren dach och heiansdo zimmlech hëlleflos.

An duerfir ass dat och eng vun eise Prioritéite gewiescht an ass et weider. Mir hunn de Coding am Fondamental agefouert, fir eng spilleresch Approche derzou ze fannen, a fir awer och sécherzestellen, datt d'Kanner net nëmmen déi, soe mer, negativ Säite kenneléieren a permanent op deenen Apparater spillen, mee datt se och déi sënnavoll Aktivitéite kenneléieren, well och dat ass wichteg, och dat ass haut eng Aufgab fir eise Bildungsberäich, fir sécherzestellen, datt mer vu Chancë kënnen schwätzen - an déi gëtt et jo, déi notze mer alleguerten all Dag -, mee awer gläichzäiteg och opmierksam ze maachen op d'Risiken, déi et huet. Duerfir hu mer och Digital sciences elo als neit Schoulfach zanter September am Lycée agefouert op den ënneschte Klassen, fir genau do nach eng kéier op déi ganz ënnerschiddlech Aspekter vun der digitaler Welt opmierksam ze maachen, déi technesch, awer och déi sozial an déi mënschlech, an och fir d'Risiken do nach eng kéier kënnen ganz staark ze betounen. A mir hunn e Schoulfach draus gemaach, well mer wollten, datt all Kand dovunner ka profitéieren, datt et net den Zoufall ass oder en Engagement vum Enseignant, ob ee grad emol eng kéier dann eng Formation vu Bee Secure matmécht oder net, mee datt et systematesch och do gemaach gëtt, diskutéiert gëtt a vermëttelt gëtt.

Mir hunn de Mediepass an de Mediekompass, wat eng Hellewull vun Aktivitéiten eigentlech sinn, déi d'Enseignantë kënnen maachen an der Schoul ronderëm d'digital Medien, an déi do och eng Linn zéien duerch déi ganz Villfalt, déi Panoplie vun Aktivitéiten, déi an deem Domän méiglech sinn.

Mir hunn eng Campagne gestart kuerz virun der Pandemie iwwert d'Bildschirmzäit. Déi ass de Mëtteg hei gefuerdert ginn. Déi gouf et an déi gëtt et online och nach ëmmer, wou mer d'Elteren driwwer informéiert hunn, wat gutt an akzeptabel ass u Bildschirmzäit fir Kanner, jee no Alter, a wou mer och gesot hunn, wou d'Limite sinn. Déi Limiten, déi hu mir net festgeluecht! Et ass keng politesch Limite. Déi hunn Experte festgeluecht, déi international richtungsweisend sinn an deem doten Domän. An ech denken, datt dat eppes ass, wat mer permanent ëmmer nees musse rappeléieren, well et war e bëssen onglécklech, mir hunn déi Campagne kuerz virun der Pandemie lancéiert, an dann iergendwann hu mer d'Plakater dann awer erëm agerullt, well mir waren alleguerten dee Moment nach just virun den Ecranen, an dat hat eigentlech weéng Sënn. An duerfir musse mer se nach eng kéier nei opleën.

Mir hunn - an och dat ass gefrot ginn de Mëtteg hei an der Debatt, d'Bedeutung vum Spill, fir och vum Spill online ewechzekommen an erëm eng kéier zum Brietspill ze kommen -, ech mengen, et ass e Joer hier, wou d'Pandemie grad amgaange war ofzeklängen, Spillkëschten an all Klass geschéckt mam Optrag un d'Enseignanten: Verdeelt déi Spiller do! Gitt de Kanner se mat, iwwert de Weekend ganz besonnesch, fir datt doheem och erëm gespilt gëtt, oder datt se an der Klass genotzt gi fir ze spillen. Well déi Erfarungen, déi do gemaach ginn, einfach extreem wäertvoll sinn, sënnavoll sinn, an net nëmmen e flotten Zäitverdreif sinn, well vläicht zu deem Zäitpunkt nach viles aneschtens net gaangen ass fir Kanner a Jonker, mee datt et eppes ass, wat d'sozial Kompetenz férdert, wat de Grips férdert a wat einfach eng ganzheetlech Entwécklung ass, well d'Leit beieneekommen, e flotte Moment hunn! An ech mengen, wa mer vum Wuelbefanne vu Jonke schwätzen, dann ass et jo dat, wat mer solle schafen: datt et Jonke gutt geet, datt se sech wuelspiere, datt se sech gebuerge spieren, datt se sech doheem spieren!

Ech denken, datt et bei der Thematik vun den digitalen Medie virun allem op en Equilibre ukënnt, an datt mer keng extreem Aussoe solle maachen, déi realitéitsfriem sinn, mee dat eng gesinn, wéi et ëmmer war: Alles, wat ze vill ass, ass schlecht, an alles, wat extreem ass, wat Iwwerhand hält, ass net méi gutt fir d'Kanner! A mir brauchen en Equilibre téschent der Presenz vun de Kanner an der digitaler Welt an an der Natur, am direkte Kontakt mat hire Kollegen, an der Famill doheem, an enger organisierter Betreierung. Wa mer deen Equilibre fannen an anhalen an all Desequilibre an déi eng oder an déi aner Richtung evitéieren, dann, denken ech, geet et de Kanner an deene Jonke schonn erëm e Stéck besser.

D'Roll vun den Elteren ass ugeschwat ginn. D'Hëlleflosegkeet vun den Elteren ass ugeschwat ginn. Et ass och zu Recht gesot ginn, datt wa mer d'Kanner wëlle stäerken, da musse mer och d'Eltere stäerken. Nun, mir wäerten e Programm lancéieren, mat enger Presenz an alle regionalen Direktiounen vun der Grondschoul, wou mer do mat den Acteure vun der Plaz, mat de Maison-relais, mat de Schoulen, mat aneren Associatiounen, mat ASBLen, déi och vläicht schonn do engagéiert sinn, ganz konkret och informéieren, Eltere begleeten an och berode wäerten an alle Froen, déi d'Erzéiung vu Kanner ubelaangen, déi d'Entwécklung vun de Kanner ubelaangen.

Wa mer éierlech sinn: Mir stellen eis bei eise Kanner all gudden Dag nees eng nei Fro. Heiansdo fanne mer d'Plaz, wou mer eng Äntwert kënnen fannen, mir mieren awer och, datt et heiansdo dräi verschidden Äntwerte gëtt an heiansdo si mer frou, wann et ee gëtt - och e Professionelle gëtt -, mat deem mer doriwwer kënnen diskutéieren. Dat nenne mer Eltereforen an déi solle sech eeben opmaachen, mat ganz villen aneren Acteuren, fir genau deen dote Rôle ze iwwerhuelen, fir Elteren an hirer Erzéiungsaufgab kënnen ze stäerken. Well, jo, déi Erzéiungsaufgab, déi huet geännert. An et verwonnert lech net, wann ech lech soen, datt eng vun den éischte Prioritéiten, en éischte Schwéierpunktsujet vun den Elterefore wäert den Émgang mat den digitalen Medie sinn.

Ganz dacks héiert een awer dann och an dësen Debatten - awer och an aneren Debatten - de Ruff no méi Ressourcen. Ech géif och do proposéieren, datt mer vläicht eng kéier an der Kommissioun en Echange hunn, fir mol eng kéier de Bilan ze maachen. Wat fir Ressourcen hu mer? Wann ech héieren: „Mir brauchen e psychologesche Service à l'image vum SePAS an der Grondschoul“, géif ech awer ganz gäre mol nach eng kéier erklären, wat fir en Investissement mer déi lescht Jore gemaach hunn, fir Psychologen, fir Educateuren, fir Pedagogogen an d'regional Direktiounen vun der Grondschoul ze kréien.

An déi sëtzen net do - ech weess net, wat fir eng Virstellung Der do hutt - um Büro beim Direkter. Déi si bei de Kanner, bei deene Kanner, déi se brauchen. An déi schaffen all Dag an der Schoul, mat de Kanner an der Schoul. Et ass awer, denken ech,





ganz schwiereg, e Service, wéi mer se an de Lycéeën hunn, ze organiséieren, sech dee virzestellen, ze transposéieren op d'Grondschoul.

E Lycée, dat ass awer eppes, dat zimmlech homogene fonctionéiert an ausgesäit. Mir hunn emol méi grousser, mir hunn emol méi klenger. Duerfir ass e SePAS och emol heiansdo e bësse méi grouss an heiansdo e bësse méi kleng. Mee mir hunn an de Grondschoule ganz ënnerschiddlech Situatiounen. Mir hu Grondschoulen, déi hu 70 Kanner. Mir hunn der, déi hu 700 oder 800 Kanner. A mir mussen awer och wëssen, datt dee Besoin vun deenen eenzele Kanner ganz ënnerschiddlech ka sinn an datt et en Avantage ass, datt ech och direkt op menger regionaler Direktioun ganz ënnerschiddlech Kompetenze kann hunn, déi direkt beim Kand kënnen intervenéieren.

Wann ech vläicht nëmmen een Agent an enger klenger Schoul hunn, dann huet dee vläicht net grad déi Kompetenz an déi Ausbildung an déi Erfahrung, déi e brauch, fir mat deem oder mat deem oder mat deem Kand kënnen ze schaffen. Déi Kompetenz hunn ech awer, wann dat opgehaangen ass op regionalem Niveau. Ech géif lech dat ganz gären eng kéier erklären. Et ass och do eng Fro vun Organisatioun a vu Verdeelung vu Ressourcen an och vun Accès zu deene Kompetenzen, déi dann notwundeg sinn. An dat, mengen ech, muss jo eist Zil sinn!

Ech wëll, datt all Kand och méiglechst schnell Accès zu engem Pedagog, zu engem Psycholog oder zu enger anerer Fachkraaft huet, déi et brauch. Dat muss awer da sinn, wann et se brauch, an dann dohinner kommen, wou et se brauch. Dat muss eist Zil sinn! Egal, ënner wiem se steet. Egal, wou se fir de Rescht vun der Zäit sëtzt.

Mir hunn an deene leschte Joren - och, wat spezifesch Servicer, déi direkt um Bien-être drunhänken, betrëfft, mengen ech - enorm rekrutéiert. Den Opbau vun de Kompetenzzentren ass jo wäit iwwert déi al Ediff erausgaangen. Do hu mer nei Kompetenzzentrenere geschaf. Do hu mer Kompetenzzentrenere geschaf fir Kanner, déi e ganz héicht intellektuellt Potenzial hunn, héichbegaabte Kanner, Kanner, déi sech net wuel spieren, wa se net besonnesch gefërdert ginn, Kanner, déi echouéieren an der Schoul an am Liewen, wa se net besonnesch encadréiert sinn. Dee Kompetenzzenter hu mer geschafen.

Mir hunn e Kompetenzzenter geschaf fir Kanner mat Léierschwieregkeeten. E Kand mat Léierschwieregkeeten, wou d'Schoul um Enn ass, fillt sech net wuel, ka säi Potenzial net entwéckelen a wäert sécherlech och net seng eege Ziler kënnen erreechen.

Mir hunn e Kompetenzzenter geschaf fir Kanner, déi net déi sozioemotional Entwécklung haten, fir duerno an der Gemeinschaft, an der klenger Gemeinschaft, bei de Frënn, an der Schoul, mee och duerno am Grousse kënne eens ze ginn a kënne se fonctionéieren an net deen emotionale Bagage matkritt hunn, aus wat fir enge Grënn och ëmmer.

An deen Développement an der ganzer Reform vun der Éducation différenciée, och an déi nei Kompetenzzentrenen an och an déi pedagogesch a psychologesch Fachkräften um regionale Plang an de Grondschoulen, hu mer net manner wéi 700 Leit engagéiert iwwert déi lescht véier Joer. Dir wësst, wat den Numerus clausus vum Staat ass pro Joer. Dat mécht iwwer 10 % aus, wat de Staat iwwerhaupt un zousätzleche Posten engagéiert huet iwwert déi leschte véier Joer. Ech denken, datt et derwäert wär, awer eng kéier seriö doriwwer ze kucken, wat mer gemaach hunn, éier mer elo mol nach eng kéier einfach haart jäizen, fir nach eng kéier nei Strukturen opzemaachen, woubäi ech d'Gefill hunn, datt mer ganz, ganz no dru sinn un deem, wat mer schonn hunn.

Ech kéint, Här President, hei awer och nach op ganz vill aner Punkten agoen de Mëtteg. Ech kéint dee ganze Preventiounsprogramm, dee mer par rapport zu den Drogen entwéckelt hunn an ëmsetzen, erwänen. Ech kéint eis Anti-Mobbing-Aktiounen och nach eng kéier virstellen. Ech kéint lech nach eng kéier d'Wichtigkeet dovun ënnersträichen, grad am Lycée, datt mer d'Schoul net nëmmen als Léieruert, mee als Liewensuert gesinn an duerfir och eis Service-socio-éducatiffen ausgebaut hunn, fir datt een net nëmmen an d'Schoul geet fir ze léieren, mee och eng ganz Rei vun aneren ausserschouleschen Aktivitéiten do ka maachen.

Ech kéint ënnersträichen, datt mer och 100 stationär Plazen a Strukture geschafen hu fir Kanner a Jonker iwwert déi lescht Joren, datt mer 105 zousätzlech Plazen an de Jugendwunnenge geschafen hunn, fir och Jonken, deenen et wierklech an hirem familiäre Kontext net gutt geet, wou se net sécher sinn a wou se sech net kënne wuel spieren, do nei Perspektiven an en neie Kader ze ginn. Ech kéint op d'Detailler vum neie Jugendschutzgesetz agoen, mee ech denken, datt mer dat op villen anere Plazen nach emol kënne maachen.

Ech mengen, datt mer grad an dëser Debatt net an Zukunftspessimismus solle verfalen - an dat war

zum Deel dach awer de Mëtteg heiansdo ze héieren -, well och déi Jonk si staark, déi Jonk si resilient. Déi Jonk hunn Iddien an d'Capacitéit, fir déi ëmsetzen. An all Generatioun, déi an eisem Alter war, huet gezweifelt un der Generatioun, déi duerno komm ass an huet sech dacks grouss Suerge fir d'Zukunft vun der Gemeinschaft gemaach an et ass nach ëmmer gutt ausgaangen.

Ech denken, datt dat eng optimistesche Haltung ass, déi mer net sollte verléieren, well ech begéine ganz vill Jonker - formidabel Jonker -, déi sech wuel an hirer Haut spieren an déi d'Welt, am Groussen an am Klengen, sécherlech an Zukunft nach kënne ganz vill beaflossen an hir eegen Zukunft an déi vun eis mat kënne gestalten.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools dem Här Minister fir Educatioun, Jugend a Kanner, dem Här Claude Meisch. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo d'Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun, d'Madamm Corinne Cahen.

■ **Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration***.- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och gär den Interpellante villmools Merci soen fir déi ganz interessant Interpellatioun de Mëtten. Si ass an deem Sënn speziell, well déi meescht vun eis heibannen, oder ganz vill op jidde Fall, sech vill Froe stellen, well se selwer Eltere sinn. An ech mengen, kënne ze soen, dass ech mer wuel a mengem ganze Liewen nach ni esou vill Froe gestallt hunn, respektiv esou vill Doutten hat wéi deen Dag, wou ech déi éischte kéier Mamm gi sinn.

Et wëllt een alles richtig maachen. Et wëllt ee perfekt sinn. Et zweifelt ee permanent, ob een dann elo wierklech dat Beschit fir säi Bébee mécht, ob een eng gutt Mamm ass. Et gëtt ee jugéiert vun der Societéit an déi eng oder an déi aner Richtung. Déi eng soen: „Du bass eng schlecht Mamm, well du gees och schaffen.“ Anerer soen zu aneren: „Du bass eng schlecht Mamm, well du gees net schaff.“ Et ass iergendwéi, huet een d'Impressioun, wann een eng jonk Mamm ass, ni gutt. An ech sinn awer haut der Meenung, dass jonk Elteren - net nëmme Mammen, mee och Pappen - hautzudaags alleguerten dat Allerbescht maache fir hir Kanner an dass se alleguerten a priori ganz gutt Eltere sinn!

An ech mengen, mir als Politiker sollten ufänken, och den Eltere „self-confidence“ ze ginn, well wa si méi selbstsécher sinn, zefridden, da spigelt dat sech natierlech och erëm op d'Wuel vun de Kanner, an et geet jo haut ëm d'Wuel vun de Kanner.

Firwat sinn ech an d'Politik gaangen? Ee vun de Grënn war d'Work-Life-Balance vu jonke Familljen. Ech war eeben dee Moment grad am Alter, wou meng Kanner ganz kleng waren, wou ech grad Mamm gi sinn. An dunn hu virun allem jonk Pappe mer gesot, si hätte gäre méi Zäit fir hir Kanner. D'Mammen hu ganz dacks de Congé parental geholl. Jonk Pappen hu gesot, si kéinten deen net huelen, e wär ze rigide. Si wélten net esou laang fort sinn, vun der Aarbecht respektiv si géifen net genuch Sue kréien a kéinte sech dat dann einfach och net leeschten.

Ech hunn deemools als Membre élue vun der Chambre de Commerce - schonn dunn, 2009 - beim Avis un déi nei Regierung de Leit an der Chambre de Commerce gesot, dass mer mussen einfach méi flexibel ginn an deem Congé parental, dass mer mussen esou vill wéi méiglech jonken Elteren erméiglechen, déi Bindung zum Kand ze festegen, andeems se de Congé parental kënne huelen. An ech sinn immens houfreg, dass mer dat all zesumme konnte maachen, de Congé parental einfach méi flexibiliséieren.

Et soll ee jo net ëmmer nëmmen alles schlechtrieden, wat et virdru gouf, an et muss een och emol eng kéier historesch kucken, wou d'Saachen hierkomm sinn. E Congé parental, dat war am Fong eng aarbechtsfërdernd Measure. Dat war am Ufank iwwerhaupt keng familjefërdernd Measure oder eng familjepolitesch Measure. Dat war eng aarbechtspolitesch Measure, fir de Chômage ze bekämpfen. An ech sinn immens frou, dass mer all zesummen op de Wee gaange sinn, fir ze soen, dass d'Elteren einfach, d'Mamm an de Papp, méi Zäit brauche fir hir Kanner. An d'Chiffere ginn ons Recht!

Ech wëll dat just eng kéier soen. Ech hunn dat nogekuckt: Enn 2016 waren 1.213 Pappen hei am Land am Congé parental. Enn 2020 ware 5.845 Pappen am Congé parental. Zanter dass d'Reform duerch ass, huelen esou vill Pappen de Congé parental ewéi Mammen. Dat heescht fir d'Kanner jo och, dass esouwuel d'Mamm wéi och de Papp méi Zäit fir d'Kand hunn, fir d'Bindung ze stäerken, beim klenge Kand ze bleiwen, dass d'Kanner eeben, wéi et hei gesot ginn ass, net vun Ufank un direkt vläicht vu moies bis owes an eng Struktur ginn. Quitte dass ech dat och net wëll verdamen.

Ech mengen, jiddweree muss kënne säi Liewen organiséieren. Mir sollen et en sorte maachen, dass d'Leit sech kënne organiséieren a mir mussen

ophalen, Discoursen ze féieren, wou mer déi eng verdamen oder déi aner, wou mer aus deenen eng schlecht Eltere maachen oder aus deenen aneren. Well et gëtt warscheinlech keen, dee méi Doutten huet ewéi jonk Elteren, virun allem wa se déi éischte kéier Mamm oder Papp gi sinn.

D'Work-Life-Balance ass fir ons essenziell. D'Qualitéit ass fir ons essenziell. Ech mengen, de Claude Meisch huet elo grad alles opgezielt, wat mer maache fir d'Kanner. Work-Life-Balance fir Elteren: Ech hunn elo grad de Congé parental genannt. Et ass vun Aarmut geschwat ginn. Jo, mir mussen natierlech och kucken, dass mer de Familljen hëllefen, dass se net an d'Aarmut rutschen. D'Monoparentalen, dass mer se ënnerstëtzen, souwuel mat Prestations en nature, wéi de Claude Meisch se och grad opgezielt huet, wéi och mat Prestation-en-espèces. A mir sollten och eng Politik maachen, déi op Chiffere baséiert. Dat ass jo och elo de Mëtteg hei gefrot ginn.

Mir sollte kucken: Wat brauchen da jonk Familljen? Wat brauche Kanner, fir dignement kënne ze liewen? An do wëll ech just eng kéier op de Budget de référence zrëckkomme vum Statec, deen de Budget de référence opgestallt huet fir d'Petite enfance, fir de Coût vun de Kanner vun null bis sechs Joer ze determinéieren. An där Etüd kouw eraus, dass d'Allocations familiales gréisstendeels d'Käschten, déi un d'Kanner gebonne sinn, kompenséieren, virun allem vu klenge Kanner, dass d'Chèque-service-accueillir de Coût vun de klenge Kanner op eng signifikativ Manéier reduzéieren an dass déi Menagen, déi am Kader vum REVIS eng Mesure d'activation suivéieren an déi vun den Ënnerstëtzung vum Staat profitéieren, kënne eng Vie décente féieren.

An dat ass dat, wat ons animéiert, fir Politik ze maachen! Evidence-based policies fir ze kucken: Wat brauchen d'Kanner? Wat brauchen d'Elteren? Wéi kënne mer hinne méi Zäit ginn? Wéi kënne mer se „empoweren“? Wéi kënne mer kucken, dass et de Kanner gutt geet, dass et den Eltere gutt geet an dass et dann och eiser Gesellschaft deemno eebe gutt geet?

Well mer och wëllen alles kucken, ob et richtig ass. Mir hunn am REVIS méi fir d'Part enfant elo virgesi wéi virdrun am RMG. Mee och do, wësst Der, kënnt eng Etüd. Do wäerte mer kucken, ob nach Schrauwe mussen nogezu ginn oder net, ob déi Reform dat hält, wat mer ons dovunner versprach hunn. An ech mengen, och do sollte mer kucken, ob dat duergeet oder net oder ob mer vläicht do och nach eng kéier mussen u verschidde Schrauwen dréie goen.

Wa mer vun Aarmut schwätzen, da schwätze mer vun der Allocation de vie chère. Ech mengen, d'Simone Asselborn-Bintz hat schonn dovunner geschwat, dass mer natierlech do och d'Kanner kucken, well mer do nom Stot kucken: Wivill Leit wunnen an engem Stot? A mir hunn d'Allocation de vie chère d'lescht Joer verduebelt, dëst Joer ëm 10 % an d'Luucht gesat. D'nächst Joer wäerte mer se nach eng kéier nohalte an d'Luucht setzen ëm ongeféier 13 %. Dat heescht, dat alles kënnt och de Kanner zegutt, well déi natierlech och zum Stot mat derzou zielen.

De Kampf géint d'Aarmut, wéi gesot, bei de Familles monoparentales notament, ass eent vun eise groussen Uleissen. D'Égalité des chances och tëschent Mamm a Papp ass eent vun eise groussen Uleissen. An dann - dat ass och gesot ginn -: Wann et de Kanner net gutt geet oder den Elteren net gutt geet, da brauche mer och Opfangstrukture respektiv Leit, déi se begleeten, déi hinnen hëllefen. De Claude Meisch ass grad am Kader vun der Schoul dorobber agaangen.

Mir hunn natierlech och Associatiounen a Strukturen, déi de Kanner, den Eltere ganz geziilt kënne hëllefen. Ech denken do zum Beispill un d'Initiativ Liewensufank, déi Eltere begleet, scho während der Schwangerschaft, no der Gebuert vun de Kanner, déi och bei d'Leit heem geet, déi hëllef, wann Hëllef gebraucht gëtt an Hëllef néideg ass. Ech denken awer och zum Beispill un de Centre de consultation et de médiation familiale vun der Fondation Pro Familia. Ech denken un de Service Erzéiungs- a Familjeberodung AFP-Solidarité-Famille. Ech denken un d'Eltereschoul Janusz Korczak.

Dat heescht, mir hunn och Strukturen natierlech, déi souwuel d'Kanner kënne begleet wéi och Elteren, déi sech net méi verdroen, wann e Problem an der Famill ass tëschent den Elteren, tëschent de Kanner an den Elteren, woubäi dann och Hëllef kann ugebuede ginn.

A ganz sécherlech sinn d'Erausforderungen enorm, virun allem elo, ech wëll net soen no der Pandemie - leider -, well ech hunn net d'Impressioun, wann ech lech hei all mat Mask sëtze gesinn an ech mäin och elo gläich nees undinn, dass déi Pandemie eriwuer ass, mee dass se méi laang dauert, dass se warscheinlech jiddweregem méi op d'Gemitt schléit a virun allem och de Kanner an de Jugendlechen.

An ech denke mer, dass deen heite Sujet ganz sécher haut aktuell ass, an dass leider de Sujet vum

Bien-être vun de Kanner aktuell wäert bleiwen an dass et virun allem e Sujet ass, dee wierklech jiddwereen heibannen extrem concernéiert, dee jiddwereen heibanne beschäftegt. An net nëmme wa mer an der Chamber driwwer schwätzen, mee och an eisem Alldag, wa mer Leit begéinen a mat Leit schwätzen.

An ech mengen, dofir sollte mer dee Sujet hei haut net ofhaken, mee e weider um Radar behalen an ëmmer kucken, alleguer dat Beschit ze maachen, dass et de Kanner gutt geet, dass et deene Jugendleche gutt geet, dass et den Eltere gutt geet, dass et der Gesellschaft gutt geet. An dat ass eng Risenerausforderung, virun allem an Zäite vun enger Pandemie!

Villmools merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools der Familljeministesch, der Madamm Corinne Cahen. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- Merci, Här President. Et ass ëmmer erëm schéi feststellen, wivill d'Wuelbefanne vun de Kanner, vun de Mënschen dësem Haus um Häerz läit. D'Liewensqualitéit vu Kanner a Jonke besteet aus villen Deeler, wéi zum Beispill der Gesondheet, der Erzéiung, der materieller Situatioun, de soziale Bezéiungen, dem schouleschen awer och dem professionellen Ëmfeld an der Fräizäit.

Wa mer elo méi spezifesch op d'Gesondheet am Kontext vum Wuelbefanne kucken, kënne mer eis un der Definition vun der Weltgesundheitsorganisation orientéieren, Déi seet, dass d'Gesondheet en Zoustand vun engem komplette physeschen, mentalen a soziale Wuelbefannen ass. D'Gesondheet ass also net, aus Santéssicht, eleng op d'Feele vun enger Krankheet oder engem Gebriechen ze reduzéieren. Et ass villméi dat allgemengt Wuelbefannen, wat am Vierdergrond steet. An dat ass besonnesch wichteg fir eis Kanner!

An deem Kontext géif ech och wierklech gären den Akzent op en Thema setzen, dat mer hei och schonn oft um Ordre du jour haten: dat ass d'Santé mentale, zu där mer eng Rei Aktiounen envisagéiert hunn. Ech ginn elo net méi am Detail drop an. Dozou hate mer während aneren Deeg schonn d'Geleeënheet, dat am Detail eng kéier duerstellen.

Mir wëssen, dass de Gesondheitszoustand vun de Kanner en Haaptbestanddeel vun hirem Wuelbefannen ass. Duerfir ass et och wichteg kloerzestellen, wat dann elo dëser Gesondheet fërderlech ass. Am Allgemenge gëtt et sechs Gesondheitsindicateuren, déi a puncto Wuelbefannen erhuwe ginn. Éischens ass et d'Erzéiung zu enger gudder mentaler Gesondheet. Zweetens ass et d'Lutte géint den Harcelement. Dat ass schonn oft erwäant ginn. Drëttens ass et d'Educatioun zu enger gesonder Sexualitéit, déi besonnesch a Covidzäiten net evident war fir Jugendlecher, och fir doriwwer ze schwätzen, iwwer hir Emotiounen an iwwer hir sexuell Gesondheet.

Zënter eisem éischten Aktiounsplang zur Promotioun vun der emotionaler a sexueller Gesondheet ass d'Wuelbefanne vun de Jonken am Zentrum vun dësem Plang, dee vun deene véier Ministère ausgeschafft ginn ass, déi der kennt. Mir haten och eisen Tool „Let's Talk about Sex“, deen d'lescht Joer erauskomme ass an deen, apparemment, ganz vill Erfolleg um Terrain hat.

Véierten Indicateur dann ass d'Erzéiung zu enger gesonder Ernährung an zu méi Beweegung. Ech verweisen do op de GIMB. Dat ass dee leschten Aktiounsplang an deem Sënn, dee vun 2018 datéiert, onofhängeg vum Alter ass, awer trotzdem natierlech och ganz spezifesch Aktiounen huet fir Jonker a Kanner an deen deementspreechend zesumme vun deenen zoustänneg Ministère, dem Familljen-, dem Educatiounsministère an och dem Sportsministère begleet gëtt.

Fënneften Indicateur ass d'Suchtverhalten. Ganz wichteg: Och am Kader vun der nationaler Strategie géint Drogen an Addictiounen si mer hei am Land säit mëttlerweile 20 Joer ënnerwee a mir hunn eis hei och op d'Promotioun vun enger gudder mentaler Gesondheet a méi Preventioun konzentriert.

D'Preventioun da vum Mal-être ... Ech brauch et net ze soen, och dat war schonn Thema hei an ass eent, wat eis ganz vill beschäftegt: déi héich Zuelen u Suicidé bei jonke Leit, déi zum Gléck erofginn. Awer do ass all eenzelnen, deen nach derbäi ass, een ze vill. Och dat ass en Indicateur, dee mer natierlech suivéieren an dee seng Wichtigkeet huet.

Fir dass mer adequat Äntwerte fannen an och besser Resultater kënne kréien, ass d'Vernetzung extrem wichteg. Partnerschaften, Concertatiounen mat Persounen, déi Interventiounen maachen um lokalen, regionalen, nationale Plang. Et ass wichteg, dass mer do present sinn an och derhannert bleiwen.

Onofhängeg vun der Approche, déi mer adoptéieren, ass awer och kloer, dass d'Kand staark ofhän-





geg ass vu sengem sozialen a gesellschaftleche Kontext an deene Risikofacteuren, déi domadder Hand an Hand ginn, respektiv Protektiounsfacturen, wa mer et am Positive wëlle kucken, deenen et ausgesat ass. Dës Facteure wäerten dem jonke Mënsch seng Gesondheet a säi Wuelbefanne bestëmmen. An et ass dat soziaalt Wuelbefannen an deem seng Bedeutung fir de Gesondheetsberäich, dat ech hei ganz besonnesch wëll ervirsträichen.

Eng heefeg Ursaach fir Onwuelsinn si wéineg oder schwach sozial Bezéiungen. Weider Ausléiser si finanziell Schwieregkeeten, schlecht Logements-konditiounen, e schlechte Gesondheetszoustand an natierlech aldeegeleche Stress, dee mer kengem wënschen a scho guer net eise Kanner.

Mir kommen also net derlaanscht fir déi sozial Ongläichheeten um Niveau vun der Gesondheet ze reduzéieren an dat soziaalt Wuelbefannen och weider an Zukunft ze erhéijen. Eist Zil soll et sinn, all Kand déi selwecht Chancen ze ginn, fir dat ze hunn, wat se brauche fir hir Gesondheet. Dat ass, Erwuessener als Virbiller ze hunn, valoriséiert ze ginn, seriö geholl ze ginn, respektéiert ze sinn, Motivatioun ze fannen, hir Limitten ze erkennen, de Sënn ze erkennen an deem, wat se maachen, engem Grupp vu Gläichaltregen unzegehéieren an eege Liewenserfahrungen kënnen ze maachen.

Um Niveau vun der Santé si mer natierlech besonnesch gefuerdert, deene Kanner, déi Schwieregkeeten hunn, déi néideg Opfangstrukturen ze ginn. Och dat war eng Erausforderung an der Pandemie an ass eng Prioritéit fir déi nächst Joren, fir dat, wat mer stoen hunn, och weider auszebauen.

Ech hunn och matgedeelt kritt, dass méi spezifesch Froen u mech gericht gi sinn. Eng Kéier, wat d'Psychotherapie ugeet, wat de Remboursement ugeet, wat et do mam Blocage op sech huet. Ech sinn do ganz frou ze berichten, dass mir am Moment net méi vun engem Blocage schwätzen. Déi Gespréicher lafen, lafen och gutt. Et si weider Reuniounen am Januar geplangt, soudass dee Blocage, dee war, u sech opgehuewen ass. Déi Gespréicher sinn erëm opgeholl an et si Reunioune geplangt mat fixen Datumen, soudass dat an deem Sënn eng positiv Nouvelle ass.

Dann ass och gefrot gi vun der Madamm Hetto, wéi et sech huet mat der Proposition, déi vun der Gesellschaft vun de Psychiateren, Pedopsychiateren a Psychotherapeuten op den Dësch komm ass, fir hir Formatioun ze gestalten. Och dat ass am Fong eng Etapp a Gespréicher, déi mer haten, an deene mer eis oppe gewisen hunn, zesumme mam Claude Meisch, fir op dee Wee ze goen. Do war effektiv déi nächst Etapp déi, dass si mat enger Propos géife kommen. Déi hu mer elo virleien an déi wäerte mer gemeinsam natierlech analyséieren, och zesumme mat der Uni, fir ze kucken, wat mer dorausser kënnen maachen.

Ech géif lech Merci soen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools der Madamm Gesondheetsministesch. Parole après ministre fir d'Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Jo. Just ganz, ganz kuerz. Villmools merci lech alleguer fir déi Äntwerten, déi Der ginn hutt. Ech fannen et ganz luewenswäert, mee ech wëll just eng ganz kuerz Saach dem Här Meisch mat op de Wee ginn: Ech denken, dass ganz vill Efforte gemaach gi sinn. All déi Centre-de-compétencen, dat ass wierklech ganz gutt. Mee leider Gottes ass et awer nach ëmmer esou, an de Schoule selwer, dass d'Hëllef net ëmmer ganz genau a ganz séier do ukommen, wou se sollen ukommen. An dat ass dann zum Leidwiese vum Kand, dat net - ech soen elo einfach - funktionéiert, wéi et soll.

Dat huet jo awer eng Ursaach. Dat kann een net a Këschten denken. Dat ass och net d'Schold vun der Schoul. Et ass och net d'Schold vum Enseignant. Et ass wierklech oft e ganzheetleche Problem. An dat heescht, dass d'Kand, dat en cause ass, immens drënner leit. D'Enseignanten, déi en cause sinn, leiden immens drënner. An déi aner Kanner leiden och immens drënner. An dann dauert et oft ganz laang, oft e Joer, bis dat iergendeppes Konkreetes geschitt ass a woubäi dann nach ëmmer d'Äntwerte vu Kompetenzzenteren net immens hëllefäräich sinn. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass och, dass ee gesäit, dass et bei Kanner - déi komme jo net vum Himmel gefall -, jee nodeem, wou se an d'Schoul ginn oder se d'Schoul wiesselen, et dann esou ass, wéi wann en neit Kand do wier mat engem neie Problem, deen net erkannt ass, wat och e Problem ass vun den Donnéeën, déi net richteg viruginn. Do misst een onbedéngt en A drop werfen, wéi een dat vläicht kéint verbessern.

Ech verstinn awer ganz gutt déi Approche, dass ee seet: An de Lycéeën ass et besser, well eng Ekippe sur place ass. D'Direktiounen hu jo oft de Problem: Si sinn Direktiounen vu méi wéi engem Duerf, vu méi wéi enger Gemeng. Oft vu méi wéi engem Duerf an deene Gemengen a vu méi Schoulen. Ganz oft brauchen déi Kanner, déi e Besoin hunn, wierklech fix Persounen. Déi brauchen esou e Fixstär an

hirem Liewen, well se dat ganz oft net hunn, zumools am Sozioemotionalen.

An dann ass et wierklech immens traureg, wann dann heiansdo vun Trimester zu Trimester, vu Joer zu Joer déi Persounen echagéiert ginn, well et einfach net aneschtens geet, well Contingente bestinn, well net méi Stonnen do sinn. An dat sinn awer Problemer, mat deenen d'Enseignanten ze kämpfen hunn. Mat deenen hunn d'Kanner ze kämpfen. Mat deenen hunn Elteren ze kämpfen. An ech weess och net d'Léisung elo aus dem Hutt ze zauberen, mee ech denken, dass ee wierklech muss déi Saache vläicht um Schierm behalen a se evaluéieren a vläicht kucken, wou ee se ka punktuell oder vläicht souguer méi wéi punktuell adaptéieren, ob een net awer nach vläicht eng besser Méiglechkeet kritt, fir eeben déi vill schwierig Fäll, déi mer awer hunn, nach besser ze encadréieren.

Also wéi gesot: Ech weess, dass vill gemaach ginn ass, mee et ass awer nach vill Leed um Terrain.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Madamm Cecchetti. An d'Wuert geet zrëck un den Här Educatiounsminister Claude Meisch.

■ **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.**- Merci, Här President. Et ass wouer. Och wa vill gemaach ginn ass - dat hunn ech ënnerstrach -, kann et net sinn, dass mer soen: Elo hale mer op domadder. Et gëtt nach ëmmer eppes ze maachen. An ech denken, dass e pedagogesch Prinzip. Et soll ee sech all Dag nach eng Kéier a Fro stellen a kucken: Wat kann ech muer besser maachen?

An dee Problem mam Wiessel vum Personal ass natierlech schwierig. Ech denken, dass et wichteg ass, dass jiddereen, deen do aktiv ass, deen och déi Planunge mécht, weess, dass eng Konstanz besser ass, wéi muttwëllech wiesselen. Mir wëssen awer och, dass, wat d'Aarbechtsrecht ubelaangt, d'Fonctionnement vun der Fonctioun publique ubelaangt, och dat modernt Famillieliewe mat hallwen Tächen an esou weider, dat net ëmmer grad förderlech ass, fir déi Konstanz do iwwer Trimesteren oder Schouljoren ewech ze garantéieren.

Deen anere Punkt, do schaffe mer drun. Dass net direkt eng Hëllef do ass, bis eng Prozedur ofgeschloss ass, dass ass sécherlech net gutt. Well do, wou Hëllef noutwendeg ass a keng do ass, ass eng Noutsituatioun. An do leit jiddereen drënner. Dat beträffent Kand leit drënner. Den Enseignant leit drënner. Déi aner Schülerinnen a Schüler leiden drënner. Mir sinn duerfir amgaangen, pro regional Direktioun - dat sinn der jo 15 - zwou Educatrice-oder Educateur-graduée auszebilden, fir dann och ganz schnell kënnen op den Terrain ze goen, währenddem déi Prozeduren do lafen, währenddem eng Diagnos gemaach gëtt, eng CI (ndlr: Commission d'inclusion) zesummekënnt, eng CNI (ndlr: Commission nationale d'inclusion) vläicht eng Decisioun hëlt, bis dann och definitiv eng Aide en place gesat ka ginn.

Mer nennen dat „First Responder Team“, wou also zwee Leit an all regional Direktioun och disponibel wäerte sinn. Ab Februar/Mäerz hu mer dat stoen, fir da méi schnell nach eng Kéier kënnen ze agéieren. Dat ass sécherlech och vläicht eréischt en Ufank vun deem dote First-Responder-Prinzip, mee awer, denken ech, eng Verbesserung par rapport zu deem, wat mer haut hunn.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools dem Här Educatiounsminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

#### Motions

Mir kommen dann elo nach zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen, déi am Kader vun dëser Debatt deponéiert goufen.

#### Motion 1

Fir d'Éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Här Wilmes deponéiert ginn ass an an där nom franséische Modell e „Site internet central“ gefrot gëtt. Wie wëllt nach zu dëser Motioun Stellung huelen? Den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Merci, fir d'Wuert, Här President. Merci och dem Här Wilmes fir déi véier Motiounen. Mir fannen dat heiten eng ganz sympathesch Iddi a bestëmmt e guddu Projet. An dofir géif ech menger Fraktioun proposéieren, déi Motioun hei matzedroen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Baum. Den Här Goergen kritt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Also mir géifen se och matdroen, well et ass wichteg, net alles Dokter YouTube oder Google ze iwwerloossen, mee dass een och vun der Regierung seriö Informatiounen zur Verfügung stellt, vu seriösen Dokterinnen, wou d'Leit sech da kënnen informéieren. Dofir wäerte mir déi och matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Villmools merci, Här Goergen.

#### Vote sur la motion 1

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

#### Motion 2

Da komme mer zur Motioun Nummer 2. Do geet et ëm d'Eltern-Kind-Briefe. Wie wëllt nach zu dëser Motioun Stellung huelen? Den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Merci, fir d'Wuert, Här President. Ech hunn d'Informatioun kritt, dass et dat dote gëtt. Et heescht zwar net „Eltern-Kind-Briefe“, mee et heescht „Elternhefte“. Dat do ass also eppes, dass gemaach gëtt an aus där Optik eraus géif ech proposéieren, dass mer déi Motioun hei net matdroen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Baum. Den Här Minister kritt d'Wuert.

■ **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.**- Dach, dat ass eppes, dass et gëtt hei am Land, nämlech vum Service national de la jeunesse zu eenzele pedagogesch Froestellungen: systematesch Hefter, déi reegelméisseg produzéiert ginn an déi dann un d'Eltere vun de jeeweilege Kanner an de jeeweilegen Alterskategorien och verdeelt ginn.

Et ass net nëmmen e Bréif. Et si wierklech ganz Hefter, déi flott gemaach sinn, déi opgemaach sinn an an enger Sprooch sinn, dass jidderee se ka verstoen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Minister. Dann nach den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Also souwuel de Marc Goergen wéi och ech si jonk Pappen a mir hunn nach näischt esou gesinn. Vlächcht si mer ze jonk Pappen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ech hunn näischt kritt esou.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Mee netdestotrotz sollt een, grad an deene jéngste Wochen a Méint vun de Kanner, dass gutt informéiert a gutt accompagnéiert sinn. An deemspriechend, wann et dat gëtt, kéint een dat jo relativ einfach och ausbauen ab der Naissance.

Ech mengen, wann dat eng Ännerung wär, mat där jiddweree liewe kéint, da kéint een dat och esou unhuelen. Wann net, stëmme mir dat heite mat.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Clement. Da geet d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Wilmes.

■ **M. Serge Wilmes (CSV), *interpellateur*.**- Jo, merci villmools. Jo, den Här Clement, mengen ech, huet eng gutt Propos, wéi een et ka maachen. Effektiv: Et ass gutt, wann et dat gëtt. Dat eent schléisst dat anert net aus.

De Sënn heivun - ech hat et a menger Ried gesot - ass u sech an där selwechter Logik an als Suite vun där éischter Motioun, déi mer ugeholl hunn. Ech wëll och villmools Merci dofir soen. Dat ass e gutt Zeechen. A Frankräich respektiv an Däitschland kritt een dat wierklech schonn op de Wee geschéckt, wann ee souguer e Kand erwaart respektiv och wierklech, wann d'Kand op der Welt ass, also am Kader vun deenen 1.000 éischten Deeg.

Hei géife mer nach e Schratt weider goen, bis 18 Joer. Dat sinn net nëmme pedagogesch Informatiounen, dat sinn allméiglech Informatiounen, déi et gëtt ronderëm d'Bindung Elteren-Kand, woubäi och Gesondheetsinformatiounen dra sinn, Informatiounen iwwer Hëllef a Begleedung dra sinn. Et geet also méi wäit. Dat heescht, mir kënnen awer och gär nach eng Kéier driwwer diskutéieren an enger Kommissioun, et dann do nach eng Kéier op de Leescht huelen, dass mer eis eens ginn, ob een och vlächcht dat, wat Dir schonn hutt an eppes, wat mir drënner verstinn, nach kéint ausbauen, ergänzen. Dat kéint och eng Propos sinn. Et wier, mengen ech, wichteg, dass mer dann awer géifen doriwwer am Fong eng Kéier diskutéieren, dass mer dann net einfach elo soen: Mir huelen dat do net un.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Serge Wilmes. Dann hat nach den Här Keup gefrot an dann den Här Minister.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Merci, Här President. Also mir ënnerstëtzen déi heite Motioun och, well dat, wat hei gefuerdert gëtt, ergëtt Sënn an dat wier eng gutt Saach.

Et ass dach awer e bësse verwonnerlech, wann den Här Goergen an den Här Clement als Pappen dat nach net matkruten. Ech och net. Den Här Wilmes och net. Den Här Baum wosst et och net. Dee krut et eréischt gesot. Handelt et sech hei ëm eng geheim Aktioun?

(*Brouhaha*)

Ech weess et net.

(*Brouhaha*)

Also ech géif duerfir awer soen: Mir stëmmen dat hei op jidde Fall gäre mat.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Keup. Elo geet d'Wuert zrëck un den Här Minister.

■ **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.**- Also, Här President, déi Häre Deputéiert stëmmen natierlech, wat se wëllen. Ech wëll just soen, dass mer dat doten hunn. An och wann Dir et net kritt hutt, da gitt elo mol googelen, ënner „Elternhefte SNJ“ oder cahiers parents SNJ“, da fannt Der dat. An da sidd Der vlächcht iwwerzeegt dovunner, dass et et gëtt.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Mir gleewen lech dat.

■ **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.**- Ech menge wierklech, dass et kee Sënn mécht, elo einfach hei aus der Héft ze schéissen an ze soen: Elo maache mer nach e Bréif nieft deenen Hefter. Da sollte mer vlächcht effektiv eng Kéier an der Kommissioun kucken, wat fir eng Hefter an no wat fir engem Konzept déi bis elo gemaach gi sinn a vlächcht fanne mer eraus, dass dat schonn alles ofdeckt. Vlächcht fanne mer och eraus, dass dat nach net alles ofdeckt an da kann een dat weiderentwéckelen. Dat wär meng Recommandatioun!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Minister.

Da kënnen mer elo zum Vott iwwert d'Motioun kommen.

■ **Une voix.**- Nee ...

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Gi mer et an d'Kommissioun?

#### Vote sur le renvoi de la motion 2 en commission

Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Da soll d'Educatiounskommissioun sech domadder beschäftegen.

(*La motion 2 est renvoyée à la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*)

#### Motion 3

Da komme mer zur Motioun Nummer 3. Do geet et ëm d'Introduction généralisée fir de Service gratuit du genre BabyPLUS. Wie wëllt nach dozou d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Här President, ech muss soen, dass mer eis berotschlot hunn hei mat der Educatioun an och mat der Madamm Santésministère an och mam President aus der Gesondheetskommissioun. Mir sinn eis hei effektiv net ganz kloer ... a mir wäere frou, wa mer dat dote kéinten eng Kéier an enger Santéskommissioun wierklech op de Leescht huelen, eng Kéier dat do verdéiwen, eis eng Kéier alleguerten d'Informatiounen zesummenhuelen iwwert d'ALUPSE an och iwwer BabyPLUS a wéi gesot do eng Kéier kënnen en Tour ze maachen, ier mer eis hei iwwert déi Motioun hei ausschwätzen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Dat heescht d'Propos wär, fir déi heiten an d'Santéskommissioun ze verweisen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Jo. Ech ginn d'Wuert zrëck un den Auteur. Ass deen domadder d'accord?

■ **M. Serge Wilmes (CSV), *interpellateur*.**- Jo. Dat ass fir eis eng gutt Proposition. Ech mengen, dass et wierklech derwäert ass, dass eng Kéier am Fong ze diskutéieren.

#### Vote sur le renvoi de la motion 3 en commission

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun un d'Santéskommissioun verweisen.

(*La motion 3 est renvoyée à la Commission de la Santé et des Sports.*)

#### Motion 4

Da kéime mer zur Motioun Nummer 4. Do geet et drëm, fir eng Reevaluatioun ze maache vun der Tarifikatioun vun den Activités d'assistance parentale. Den Här Gilles Baum fret d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Merci. Wann ech gutt nogelauschtert hunn, wat den Här Minister do uewe





gesot huet, dann ass dat do effektiv eppes, dat amgaangen ass, gemaach ze ginn: souwuel d'lwerschaffe vum Statut wéi och d'Remuneration. Dat heescht, mir géifen eis hei an engem „work in progress“ befannen an dofir géif ech menger Fraktioun proposéieren, déi Motioun hei net ze matzedroen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Baum. Kënne mer zum Vott iwwert déi Motioun kommen? Nee. Den Auteur vun der Motioun, den Här Serge Wilmes freet d'Wuert.

■ **M. Serge Wilmes (CSV), *interpellateur***.- Mir hunn dat natierlech och zur Kenntnis geholl, wat de Minister gesot huet an ech mengen, dat begrësse mer jo och ganz.

Et wier just wichteg, en Zeechen ze setzen an ongeféier ze soen, ongeféier wéini datt dat kënnt, well ech mengen, déi waarden dorobber. Et wier elo net gutt ... Bon, wa mer se elo ofleenen, da gesäit et esou aus, wéi wa mer et nei wëllten. Et ass ganz kloer, datt mer eis derzou bekennen, datt dat also kënnt an datt mer vläicht och do ongeféier gewuer ginn, wéini datt dat kënnt, wéi séier datt dat soll kommen. Et gëtt wierklech drop gewaart. Et ass wichteg, datt mer do awer en Zeeche setzen!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Wilmes. Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Minister.

■ **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse***.- Also dat, wat ech um Riednerpult developpéiert hunn, dat si méi wéi einfach lwwerleeungen. Do schaffe mer ganz konkret drun.

Wat mer och gären hätten, ass, datt de Secteur vun den Dageseltere sech ka weiterentwéckelen a eventuell ausbauen, well mer doran e wäertvollt Element an eiser gesamter Betreuungslandschaft gesinn, dat mer brauchen. Ech géif proposéieren, datt mer och dat an der Kommissioun vläicht eng Kéier méi konkret kéinte verdéiwen an Dir als Auteur vun der Motioun kéint déi all Moment zréckbréngen, wann Der d'Gefill hutt, mir géifen dat ze laang schleefe loossen an net genuch Damp derhannert maachen.

#### Vote sur le renvoi de la motion 4 en commission

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Ass d'Chamber d'accord, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen? Wien d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Da muss d'Kommissioun sech och mat där Motioun befaassen.

*(La motion 4 est renvoyée à la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.)*

#### Motion 5

Da komme mer zur Motioun Nummer 5. Dat ass déi Motioun, déi vum Här Gilles Baum deposéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup (ADR)**.- Merci, Här President. Bon, ech muss soen, hei ass eng Motioun mat 18 Punkten, mat 18 Invitten. Dat ass schonn zimmlech vill. Et ass natierlech zäitlech méi interessant, wann een dat regroupéiert an enger Motioun, wéi wann een e puer verschiddener mécht, mee do fënnt een natierlech als Oppositioun sécherlech Saachen, déi engem net esou gutt gefalen.

Ech wollt awer kuerz op dat agoen, wat am Ufank do steet - ech mengen, et ass och schéi gemengt: „félicitant le Ministère de l'Éducation nationale“. Also mir felicitéieren dem Minister ganz gäre fir säi Gebuertsdag, deem e virun e puer Deeg hat, ...

#### (Hilarité)

... awer net onbedéngt elo fir seng Politik, déi e mécht an der Matière vun der Transformation numérique.

Dann, fir awer eppes ze soen, wat eis hei definitiv als ADR net gefällt, dat ass dee Punkt, ënnert deem steet, dass mer en Enseignement différencié musse kréien. Mir hunn ëmmer gesot: Mir si fir e Schoolsystem, an deem d'Kanner alleguerten zesummen, egal wéi een Hannergrond se hunn, egal wéi gutt se an de Sproche sinn, an engem System sinn an net getrennt! A mir sinn och net domat d'accord, wat hei steet, dass dat déi selwecht Chance de réussite fir jiddweree bedeit, well dat ass net de Fall. Déi international Schoule si méi einfach. Zum Beispill eng dowéinst, well een ee Joer éischter fäerdeg ass. Do mécht ee seng Première - säi Bac, wéi een a Frankräich seet - mat 18 Joer an net mat 19.

Duerfir stëmme mer hei mat Nee.

#### (Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Keup.

Dann huet den Här Serge Wilmes d'Wuert gefrot.

■ **M. Serge Wilmes (CSV), *interpellateur***.- Jo. Also ons geet et e bëssen änlech. Et sinn hei Punkten dran, mat deene mer kënne liewen. Et si souguer Punkten dran, déi sinn unanime vun der Chamber ugeholl ginn an der Interpellatioun iwwert de Suicide. Ech mengen, mat deem si mer alleguerten och averstanen. Et sinn aner Punkten dran, déi mer net esou ... bei deenen ech emol op alle Fall nach eng ganz Partie Froen hunn. Zum Beispill ass och näischt vun der Bindung hei dran. D'Bindung ass awer ganz dacks hei eeben als ganz wichteg betount ginn. D'Madam Closener, déi huet et ganz vill betount. Dat steet elo net hei dran.

Dowéinst géife mir eis dann éischter enthalte bei dëser Motioun.

Ech wollt awer just nach eng Kéier dervunner profitéieren, op dat, wat den Här Minister gesot huet, anzegoen, dat mat dem Observatoire national de l'enfance et de la jeunesse, wat jo gutt ass. An dat soll ausgeweit ginn. Dir hutt dat och gesot an de Punkt vun den Donnéeën opgeworf, déi do da solle gesammelt ginn. Effektiv, ech hat et jo och esou gesot.

Et gëtt schonn eng ganz Partie Etüden. Dat ass alles ganz gutt, och datt deen Observatoire elo do vläicht geschafe gëtt.

Wat awer - an dat wollt ech lech mat op de Wee ginn, och als Regierung - nach méi wichteg ass, ass, datt dann och dat, wat deen Observatoire do sammelt an déi Donnéeën, datt déi och dann eropgedroe ginn un de Statec, well de Statec ass deejéinegen, deen de PIBien-être koordinéiert a sech dorëms këmmert. Mir waren eis do eens mam Statec-Direkter. Mir mussen och Indicateuren entwéckelen, déi och de Bien-être vun de Kanner kënne moossen. Dat muss dann zesumme gemaach ginn an et wier wichteg an där Approche, datt eeben och do déi Zesummenaarbecht stattfënnt an datt se och ugebonne gëtt un déi Aarbecht vum PIBien-être, fir datt mer dee wierklech eng Kéier zu engem Instrument kënne kréien, fir och eis Politik kënnen ze moossen.

Dat ass eng kohärent Approche dozou. Den Iwwerbau do muss stëmmen an dofir wier et wichteg, dat wierklech dann do och esou ze maachen. Dat wollt ech lech ganz kloer nach eng Kéier mat op de Wee ginn, datt dat och wierklech esou soll gehandhaabt ginn.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Wilmes. Dann hunn ech eng lescht Wuertmeldung vum Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten)**.- Merci, Här President. Bon, wann d'Oppositioun déi dote Motioun deposéiert hätt, déi essentiellement e Verbatum vun Regierungsprogramm ass, dann hätte mer gesot kritt: „Dat ass superfetatoire. Traut Dir der Regierung dann net zou, hire Regierungsprogramm ëmzesetzen?“ Wann d'Majoritéit dat mécht, dann ass et en Encouragement. Da gëtt felicitéiert. Dat gëtt saluéiert. An da gi Saache fir d'zweet am nämlechte Joer hei an der Chamber, a Motioun geschriwwen, déi ugeholl goufen. Spéitstens do fänken ech awer un, Problemer ze kréien!

Mir hunn den 21. Januar - ech hunn et nogekuckt - eng Motioun ugeholl am Kader vum Debat iwwert de Suicide, wou drasteet, datt mer d'Prise en charge vun der Psychotherapie wëlle couvréieren. Stand haut: näischt geschitt! Also kommen déi nämmelecht Leit ... Mir maachen eis hei e bësse lächerlech, wa mer Saache reiteréieren a reiteréieren an um Enn vum Dag geschitt näischt. Dat ass de Problem bei där Motioun hei! Ech fannen alles gutt, wat drasteet.

Ech kann lech et soen: Mir hunn deemools d'Regierungserklärung matgedroen, well mer der Regierung e Vertrauensvirschoss ginn hunn. Dat heiten ass e klenge Rappel, datt se dat Vertrauen net soll mëssbrauchen. Dofir wäerte mir se matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. Et ass keng weider Wuertmeldung méi do. Da kënne mer zum Vott iwwer dës Motioun kommen.

#### Vote sur la motion 5

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 35 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Félix Eischen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo).*

Domat si mer um Schluss vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 18.04 heures.)*



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. 7750 - Projet de loi modifiant la loi du 16 mai 2019 relative à la facturation électronique dans le cadre des marchés publics et des contrats de concession

- Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications : M. Guy Arendt

- Discussion générale : Mme Diane Adehm - Mme Lydia Mutsch - M. Marc Hansen - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Marc Hansen, Ministre délégué à la Digitalisation

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 3. 7809 - Projet de loi portant modification :

#### 1° de la loi modifiée du 19 mai 2003 modifiant :

1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

2) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;

3) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'État ;

4) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État ;

5) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois ;

6) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut se faire changer d'administration ;

et portant création d'un commissariat du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire ;

2° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ; et

3° de la loi modifiée du 25 mars 2015 instituant un régime de pension spécial transitoire pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois

- Rapport de la Commission de la Fonction publique : M. Gusty Graas

- Discussion générale : Mme Diane Adehm - M. Yves Cruchten - Mme Stéphanie Empain - M. Fred Keup - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 4. 7750 - Projet de loi modifiant la loi du 16 mai 2019 relative à la facturation électronique dans le cadre des marchés publics et des contrats de concession (suite)

- Nouveau vote sur l'ensemble du projet de loi conformément à l'article 47 (2) du Règlement de la Chambre des Députés et dispense du second vote constitutionnel

### 5. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet du chômage de longue durée

- Exposé : M. Marc Spautz (dépôt des motions 1 et 2)

- Débat : Mme Carole Hartmann - M. Georges Engel - M. Carlo Back -

M. Jeff Engelen - Mme Myriam Cecchetti - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

- Motion 1 : M. Georges Engel - M. Marc Spautz

- Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)

- Motion 2 : M. Georges Engel - M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

- Vote sur la motion 2 modifiée (adoptée)

### 6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Spautz

- Exposé : M. Marc Spautz

### 7. Dépôt d'une proposition de loi par M. Laurent Mosar

- Exposé : M. Laurent Mosar

### 8. 7346 - Projet de loi portant sur l'accessibilité à tous de lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs

- M. Georges Engel - M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre - M. Max Hahn - M. le Ministre Dan Kersch

- Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration : M. Max Hahn

- Discussion générale : M. Jean-Paul Schaaf (intervention de M. Max Hahn) - Mme Simone Asselborn-Bintz - Mme Djuna Bernard - M. Fred Keup - Mme Myriam Cecchetti (intervention de Mme Simone Asselborn-Bintz) - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 9. 7374 - Projet de loi portant

1° approbation de la Convention internationale pour la protection de toutes les personnes contre les disparitions forcées, faite à New York, le 20 décembre 2006 ;





2° modification du Code civil ;

3° modification du Nouveau Code de procédure civile ;

4° modification du Code pénal ;

5° modification du Code de procédure pénale

- Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

10. 7785 - Projet de loi portant modification du Code de procédure pénale

- Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue
- Discussion générale : M. Gilles Roth - M. Pim Knaff - M. Dan Biancalana - M. Fernand Kartheiser - M. Marc Goergen
- Prise de position du Gouvernement : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

11. Motion de M. Claude Wiseler relative à l'ouverture des centres de vaccination dans toutes les régions du pays

- Exposé : M. Claude Wiseler

- Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé - M. Claude Wiseler - Mme la Ministre Paulette Lenert - M. Claude Wiseler - Mme la Ministre Paulette Lenert - M. Claude Wiseler - Mme la Ministre Paulette Lenert
- Vote sur la motion (interventions de M. Fernand Kartheiser, M. Sven Clement, Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, et M. Claude Wiseler)

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre ; Mme Corinne Cahen, M. Marc Hansen et Mme Paulette Lenert, Ministres.**

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Marc Hansen, Ministre délégué à la Digitalisation.**- Nee, dat ass net de Fall, Här President.

## 2. 7750 - Projet de loi modifiant la loi du 16 mai 2019 relative à la facturation électronique dans le cadre des marchés publics et des contrats de concession

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Deen éischte Punkt vum Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 7750 iwwert déi elektronesch Facturatioun am Kader vun den ëffentlechen Ausschreibungen an de Konzessiounskontrakter. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An d'Wuert kritt elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

■ **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Härën, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an eiser moderner Welt gëtt den digitale Commerce ëmmer méi wichteg. Mir wëssen et alleguer, mir profitéieren och dovunner. Eng grouss Partie, wann net souguer d'Majoritéit, vun de kommerziellen Transaktiounen verleeft hautdesdaags online.

Net just de Consommateur final, mee och d'Acteur vum B2B, dat heescht „business to business“, a vum B2G, „business to government“, also dem Business-to-Business an dem Business-to-Government gräifen ëmmer ëfters op déi virtuell Verkafskanal zrëck. Ech schwätzen hei vun den Transaktiounen, déi entweder tëschent zwou Entreprises oder tëschent engem Betrib an engem ëffentlecher Administratioun gemaach ginn.

2014 goufen op EU-Niveau eng Rëtsch nei Gesetzer iwwert d'Marchés publics, also iwwert d'B2G-Transaktiounen, gestëmmt, ënner anerem d'Direktiv 2014/55 iwwert d'Facturation électronique. D'Zil vun dësem Text war et, en harmoniséierte Gesetzeskader fir d'Applikatioun vun der elektronischer Facture ze schafen.

Am Verglach zu den traditionelle Facturen um Pabeier bréngen déi elektronesch Facturen de Virdeel, dass si vill méi einfach ze iwwerpräiwe sinn an dofir méi schnell validéiert a bezuelt kënnen ginn. Dëse System ass deemno besonnesch interessant fir d'Verkeefe. Si spueren nämlech net just Versand-a Pabeierkäschten, mee kommen och méi schnell un hiert Geld. Ausserdeem ass déi elektronesch Facture méi ëmweltfrëndlech.

Am Kader vun de Marchés publics profitéiert och de Staat, also de Keefer, vun den elektronische Rechnungen. Den Traitement vun de Facturë gëtt nämlech vereinfacht. Soumat kënnen Transaktiounen méi schnell ofgewéckelt ginn. De Marché vum B2G gëtt also méi effizient a konkurrenzfähig.

De Begrëff „Facture électronique“ ëmfaasst dobäi sämtlech Rechnungen, déi vun engem Computer kënnen gelies an interpretéiert ginn. Et handelt sech also ëm elektronesch Fichieren, déi esou strukturéiert sinn, dass eng Maschinn se automatesch traitéiere kann.

Zu Lëtzebuerg gouf déi europäesch Direktiv mam Gesetz vum 16. Mee 2019 iwwert d'Facturation électronique dans le cadre des marchés publics et des contrats de concession“ an nationaalt Recht ëmgësat. Genee wéi am Rescht vun Europa, huet dëst Gesetz säin Zil allerdéngs liicht verfeelt. Den digitale Facturationssystem gëtt den Ament nach néierens zu Lëtzebuerg ugewannt. Effektiv ginn d'Betriben den Ament weeder vum europäeschen nach vum nationale Gesetzestext derzou verflcht, déi elektronesch Facture unzewenden. Hei gëtt sech reng op d'Promotioun vun elektronische Rechnungen konzentréiert.

D'Digitalisatioun vun de Backoffice-Prozedure spillt hautdesdaags eng absolutt Schlësselroll fir d'Produktivitéit an d'Konkurrenzfähigkeit vun de Betriben. Besonnesch am Kontext vun der sanitärer Kris an der wirtschaftlecher Relance ass et wichteg, dass d'Betriben verstärkt an d'Moderniséierung vun hiren interne Prozeduren investéieren.

Leider gesi mer ëmmer nees, dass besonnesch déi kleng a mëttelgrouss Entreprisë sech schwéierdinn, fir hir al Gewunnechten duerch nei Prozeduren an innovativ Technologien ze ersetzen. Esou ass et kee Wonner, dass och de System vun der elektronischer Facturatioun bis dato net esou richtig bei de Betriben ugewannt gëtt.

Fir dësem Problem entgéintzewierken, gesäit dee virleiende Gesetzesprojekt vir, déi elektronesch Facture fir sämtlech Transaktiounen beim B2G obligatoresch ze maachen. An enger éischter Phas gëllt dës Obligatioun also just op de Marchés publics.

An enger zweeter Phas sollen d'Entreprises dann derzou motivéiert ginn, deen neie Facturationssystem och am Kader vu B2B-Transaktiounen ze benotzen.

An enger leschter Phas kéint déi digital Facture och am Einzelhandel, also fir de Consommateur final, generaliséiert ginn. Hei muss allerdéngs garantéiert ginn, dass de Konsument de Choix tëscht der elektronischer an der traditioneller Facture behält.

De virleiende Projet de loi ännert d'Gesetz vum 16. Mee 2019 iwwert d'Factures électroniques of a féiert zwou nei Obligatiounen fir d'Lëtzebuerger Betriben an.

Éischters dierfen an Zukunft just nach elektronesch Facturen op de Marchés publics zirkuléieren. Déi concernéiert Betriben müssen also déi néideg Mesuren ëmsetzen, fir de Versand an den Traitement vun elektronische Facturen ze assuréieren. Wichteg ze erwänen ass, dass dës Facturen den europäeschen Normen entspreche müssen. D'Direktiv huet nämlech gewësse Reegelen fir d'Form, den Opbau an de Contenu vun den elektronische Rechnungen fixéiert, un déi sech all d'Memberlänner hale müssen.

D'Zil vun den harmoniséierte Reegelen ass et, d'Interoperabilitéit vun de verschiddenen elektronische Facturationssystemen ze garantéieren a soumat de gudden Oflaf vun den Transaktiounen um europäesche Maart ze sécheren.

An Zukunft wäerte sämtlech Rechnungen a Pabeierform, also d'office, rejetéiert ginn. Wéi scho gesot, wäert déi nei Verflchtung just fir de B2G gëllen. D'Erfahrung vun de Marchés publics sollen da spéiderhi fir de B2B an de B2C genotzt ginn.

Déi zweet Obligatioun betrëfft déi technesch Léisungen, déi fir d'Receptioun vun den elektronische Facturen agesat ginn. An Zukunft solle sämtlech Betriben an ëffentlech Institutiounen deen nämlechte Réseau fir d'Transmissioun vun dëse Facturë benotzen. D'Zil vun dëser Obligatioun ass et, en transparenten an eenheetleche Kader fir d'B2G-Transaktiounen ze schafen a soumat de Commerce tëschent den EU-Memberlänner ze stäerken. Zu Lëtzebuerg gëtt de CTIE domadder beoptraagt, den Zougrëff op de Réseau de livraison commun ze assuréieren.

Besonnesch déi Kleng- a Mëttelbetriben brauchen e bëssen Zäit, fir déi néideg technesch Adaptatiounen ëmzesetzen a sech mat den neie Reegelen vertraut ze maachen.

Dëse Projet de loi gesäit dowéinst dräi Phase fir d'Akraafttriede vun den neien Obligatiounen vir. D'Gréisst vum Betrib spillt hei den entscheidende Krittär. An enger éischter Phas wäerte just déi grouss Entreprises déi elektronesch Facturë müssen aféieren. Als nächst kommen dann déi Mëttelbetriben an zum Schluss déi Klengbetriben un d'Rei. Zäitgläich ginn awer och technesch Alternative fir d'Entprisë virgeschloen, déi nach net prett sinn, fir déi elektronesch Facturatioun unzewenden.

Zu gudder Lescht wëilt ech nach emol kuerz op déi verschidden Avisen agoen, déi zu dësem Projet de loi gemaach gi sinn.

Souwuel d'Staatsbeamtekummer wéi och de Syvicol, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers si mat den neie Mesuren averstan a

begrëssen d'Promotioun vun der elektronischer Facture. D'Digitaliséierung vun de Facturationssystemen spillt hiner Meenung no eng wichteg Roll bei der Moderniséierung vum ëffentlechen Dëngscht. Souwuel d'Betriben wéi och de Staat géife vun enger Käschterreduktioun a vun acceleréierte Prozedure profitéieren.

Wéi de Syvicol a sengem Avis ënnersträicht, erlaabt den neie System, méi geziilt géint d'Fraude fiscale virzegoen, well een esou eng besser Kontroll iwwert déi verschidde Flux-de-facturationen hätt.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis dräi Opposition-formellen ausgeschwat, dat, well d'Artikelen 2 a 4bis eng Insécurité juridique géife riskéieren an den Artikel 3 de Pouvoir d'exécution vum Grand-Duc géif aschränken.

A sengen Amendementer huet de Ministère fir d'Digitaliséierung sämtlech Virschléi, déi de Staatsrot a sengem éischten Avis formuléiert hat, ugeholl, soudass déi dräi Oppositions formelles konnten opgehuewe ginn.

A sengem zweeten Avis huet de Staatsrot ausserdeem begréisst, dass d'Delaie fir d'Akraafttriede vum neie Gesetz no hanne verréckelt goufen.

Fir weider Detailer zu deene verschiddenen Avisen verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an ech soen all deenen, déi hei matgeschafft hunn, e grouss Merci a ginn heimat den Accord vun der DP zu dësem Projet de loi. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Guy Arendt villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, d'Madamm Diane Adehm.

Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

■ **Mme Diane Adehm (CSV).**- Merci, Här President. Mam Gesetzesprojekt vun haut gëtt u sech d'Gesetz vum 16.05.2019 iwwert d'Facturation électronique am Kader vun ëffentlechen Ausschreibungen a vun de Konzessiounsverträge ofgeännert.

Am Gesetz vum 16. Mee 2019 ass et drëms gaangen, d'Facturation électronique virunzebréngen. Leider musse mer awer haut feststellen, dass dat Gesetz net den néidege Succès hat. An duerfir gëtt d'Facturation électronique elo obligatoresch.

Mir begrëssen dëst ausdrécklech a mir begrëssen och weiderhin, dass d'Delaie fir d'Ëmsetzung vun dësem Gesetz verlängert goufen, notamment fir déi kleng- a mëttelstänneg Firmaen, well mir mengen, dass do effektiv nach Handlungsbedarf ass bei der Digitaliséierung vun dëse Firmen. An duerfir ass et gutt an och richtig a wichteg, dass si méi Delaie kréien, fir sech unzepassen, wa se elo an Zukunft wäerten un ëffentlechen Ausschreibungen deelhuelen.

Ech wëilt dann och dem Rapporteur, dem honorabele Guy Arendt, villmools Merci soe fir säin ausféierleche mënlechen a schrëftleche Rapport. E war wéi ëmmer exzellent, liicht verständlech a gutt virgedroen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Diane Adehm (CSV).**- Ech ginn och den Accord vun der CSV zu dësem Gesetzesprojekt, ouni awer nach wëllen ze vergiessen, op zwee Punkten hinzewiesen.

Här Minister, mir wiere frou, wann Der eng Kéier kéint mat Äre Kolleegen aus dem Interieur schwätzen, fir si och drop hinzewiesen, wat de Syvicol explizitt a sengem Avis geschriwwen huet, nämlech dass d'Kontroll vun der Gemeengecomptabilitéit an Zukunft dann och misst ugepasst ginn an dass se net vergiesse soll, d'Signature électronique am Kader vun der Refonte vun hirem Gemeengegesetz mat anzebauen an notament och am Kader vun de Mandater, déi hautdesdaags nach ëmmer ënner Pabeierform vum Buergermeeschter, Schäffen a Gemengesekretär ënnerschrifft ginn.

An dann en zweete Punkt, deen eis als CSV och um Häerz läit a wou mer mengen, dass et wichteg wier, drop hinzewiesen, dat ass, dass et gutt wier, wann an Zukunft esouwuel de CTIE wéi de SIGI géifen

zesummeschaffen, fir eng gemeinsam Plattform ze maachen, well schlisslech baséiert dat Gesetz op engem gemeinsamen Ausschreibungsgesetz, d'Loi sur les marchés publics. An da géif et och Sënn maachen, fir eng gemeinsam elektronesch Plattform ze maachen, wou dann d'Betriben kéinten driwwer fueren, fir hir elektronesch Facturatioun ze maachen.

Voilà, wéi gesot, ech soe Merci fir d'Nolauschteren a ginn nach eng Kéier den Accord vun der CSV.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Adehm. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hate schonn oft d'Geleeënheet hei op dëser Plaz festzustellen, dass mer opgrond vun der Pandemie en enorme Sprong a Saachen Digitaliséierung gemaach hunn. Bon, mir hunn eis dat net esou gewënscht. Warscheinlech wier et och anescht komm, mee et wier warscheinlech net an där Rapiditéit komm wéi mer et elo haben. Mir hunn dat aleng dorunner gesinn, wéi schnell mer et fäerdegbruecht hunn, fir alles ëmzestellen, fir vum Homeoffice aus ze schaffen.

Mee wat mer awer och wëssen, dat ass, dass d'Saache sech net vum selwe maachen an dass de Kader och muss geschaaft ginn an dass een och mat verschiddene Gesetze déi Entwécklung do ënnerstëtze muss a kadréiere muss. An dat heiten ass elo erëm eng Gesetzesvirlag, mat där mir den Terrain preparéieren, fir e weidere Schratt a puncto Digitaliséierung ze maachen, zumindest an der Welt vun den Entreprises dës Kéier. An et geet, wéi mer elo schonn héieren hunn, ëm déi sougenannten elektronesch Facturatiounen.

Ech wëll op dëser Plaz och als alleréischst dem Rapporteur Merci soe fir säin, effektiv wéi ëmmer, ganz gudden, ausféierleche schrëftlechen a mënleche Rapport. An dat gëtt eis als deenen, déi no him schwätzen, natierlech d'Geleeënheet, fir déi Haapt-punkte vun de Gesetze net méi am Detail mussen duerchzehuelen, well hien dat alles scho gemaach huet. Mee et gëtt eis awer och eng Geleeënheet, eng Rei vu Reflexiounen mat op de Wee ze ginn, wat ech dann och am Numm vun der LSAP wëll maachen.

Bon, wat ee muss feststellen, an dat ass och hei schonn ugedeit ginn, dat ass, dass dat heiten e Gesetz ass, wat beweist, dass immens schnell a proaktiv geschafft ginn ass, well mir hate jo schonn e Gesetz 2019, dat sech mat elektronische Facturierung befaasst huet. Et hat awer, wéi meng Virriednerin gesot huet, net dee Succès, dee mer eis alleguerte gewënscht hätten. An dofir huet misse schnell reagéiert ginn, fir dass dat awer an Zukunft och esou geet, wéi mir eis et alleguerte wënschen. An dee weidere Schratt, dee mer do elo maachen, dee geet also an déi Richtung, dass Rechnungen, déi vu Betriben un ëffentlech Verwaltungen an Organismen adresséiert ginn, an Zukunft obligatoresch d'Form vun enger elektronischer Rechnung müssen hunn.

A Frankräich, also an eisem Nopeschland, ass dat schonn de Fall. Do sinn d'Betriben scho vum Januar 2020 un obligéiert, hir Rechnungen un ëffentlech Verwaltungen iwwert den digitale Wee ze maachen. An eis franséisch Noperen, déi sinn och ganz rezent do nach e Schratt méi wäit gaangen, well tëscht 2024 an 2026 wäert de Gebrauch vun elektronische Rechnungen och ënnert den Entreprise generaliséiert ginn.

Bon, op dee Wee gi mir elo hei nach net oder op alle Fall nach net am Moment. Mee eis geet et haapt-sächlech drëm, d'Entreprises ze encouragéieren, fir op deen dote Wee ze goen, well hinnen aneschtens jo och ganz vill Marchée laansch Nues géife goen. Dofir si mer jo hei der Meenung, dass dat och zu hirem Gudden ass.

Op d'Avantagë si meng Virriedner och schonn alleguerten agaangen. Mech huet impressionéiert, dass geschat gëtt, dass tëscht 50 a 75 % un Ekonomie kënnen realiséiert ginn, wann ee vum Pabeier op Digital wiesselt. Dat ass awer scho ganz substantiell. Wat eis och alleguerten alicht, dat ass, dass





d'Tracabilitéit an d'Luucht geet, den Iwwerbléck, deen een huet fir déi administrativ Demarchen, déi ee ronderëm d'Facturationen hält. An dat huet jo nëmmen Avantagen.

Et muss een awer op dëser Plaz soen, dass den Iwwergang zur Facturation électronique warscheinlech keen einfache Schratt fir d'Entreprisë wäert ginn. Hei wäert och vill Iwwerzeegungsarbecht musse geleescht ginn. Ech mengen domadder net prioritär, dass sech déi, déi gewinnt waren, mat Pabeier a Bic ze schaffen, mussen ëmstellen. Mee ech menge ganz einfach, dass awer och eng Rei vu Prozesser do ronderëm mussen aktivéiert ginn an och verständlech gemaach ginn.

Dofir mussen d'Betriber och eng Chance kréien, fir sech unzepassen, an dofir ass et an eisen Ae besonnesch wichteg, dass mer mat den zoustännge Beruffsorganisatiounen, mat de Betriber selwer eng gutt Informationscampagne maachen, wou mer och Iwwerzeegungsarbecht leeschten, wat d'Avantagë fir d'Betriber selwer sinn. Da sinn ech iwwerzeegt dovunner, dass dat heiten net nëmmen de prakteschen Oflaf vum Fonctionnement vun de Betriber wäert verbessern, mee virun allem, dass et och e Wee ass, fir esouwuel d'Kompetitivitéit wéi och d'Effikassitéit vun eise Lëtzebuerger Betriber ze verbessern.

An domadder ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Mutsch. An da wier et um honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Hansen (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, sou wéi dat och scho gesot ginn ass, hu mer virun zwee an engem hallwe Joer zum Projet de loi 7271 schonn eng Kéier iwwert d'Ëmsetze vun der EU-Direktiv 2014/55/UE iwwert d'elektronesch Facturation am Kader vun de Marché-publicke geschwat.

Deemools ware mer eis heibannen eens, dass et nach net de Moment wär, fir op d'Obligatioun bei de Betriber ze goen, och wann deemools schonn d'Fro am Raum stoung, ob d'Fräiwëllegkeet zu engem zefriddestellende Resultat géif féieren.

Wéi mer haut wëssen, ass dat net de Fall. Duerfir gëtt d'Obligatioun mam Projet de loi 7750 agefouert.

Dir Dammen an Hären, d'Plus-value vun der elektronnescher Rechnung läit net just bei den Administratiounen, mee besonnesch och bei de Betriber, well si esou méi effizient kënnen schaffen a Käschten awer och Ressourcen wéi Pabeier an Tënt kënnen reduzéieren, wat déi gréng natierlech besonnesch begrëissen.

Eng Etüd vun der Uni Hasselt vun 2015 huet erginn, dass pro elektronesch Rechnung, déi erausgeet, 3,24 Euro gespuert kënnen ginn, a fir eng, déi erakënnt, 5,77 Euro. Aleng an der Belsch kéinten 2,3 Milliarden Euro pro Joer agespuert ginn, wann all d'Rechnungen elektronesch iwwermëttelt géife ginn. D'Uni Hasselt huet allerdéngs och gesot, dass et nach Sécherheetsproblemer bei de verschiddene Firmae gëtt, wat d'elektronesch Facturation ugeet.

Duerfir wollt ech den Här Minister froen, wéi d'Sécherheet vun der elektronnescher Facturation an de Lëtzebuerger Entreprisë wäert begleet ginn. Wat sinn déi gängeg Sécherheetsmechanismen, fir ze evitéieren, dass zum Beispill Vire mat den elektronnesche Rechnunge kënnen matgeschéckt ginn? Well, wéi mer alleguerte wëssen, de Facteur Mënsch eng besonnesch wichteg Roll bei der IT-Sécherheet spillt, wollt ech dann och froen, wéi a wou d'Betriber bei dëse Sécherheetsaspekter ënnert d'Äerm wäerte gegräff kréien.

Dir Dammen an Hären, déi gréng begrëissen, dass agesi ginn ass, dass eng Adaptatiounsphas néideg ass, fir déi elektronesch Facturation ëmzesetzen an dass kleng Betriber méi laang Zäit kréie wéi grouss Betriber, deenen d'Ëmstellung sécher méi einfach fält, fir dat Ganzt ëmzesetzen.

De Staatsrot hat 2019 opgeworf, dass d'Akraaftsetze vun der elektronnescher Facturation eng Sensibiliséierungs- an Informationscampagne fir d'Betriber bräicht, an d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers wollten dees deemools aktiv begleeten.

Wa mir haut op de Wee vun der Obligatioun wëlle goen, dann ass dat, well dës Campagne bis elo net de gewënschte Succès hat. En vue vun der neier Adaptatiounsphas, ass et dofir ëmsou méi wichteg, d'Grënn ze verstoen. An deem Kontext hunn ech dann och e puer Froen un den Här Minister: Kann een awer soen, dass d'Unzuel vun de Betriber, déi d'Rechnung elektronesch iwwermëttelen, moossbar eropgaangen ass? Ass analyséiert ginn, firwat d'Betriber net fräiwëlleg mat op de Wee vun der elektronnescher Facturation gaange sinn?

An dann natierlech, mat Bléck op haut: Wat ass bei dësem neie Gesetz u Sensibiliséierung a Begleitung virgesinn? Hei stellen ech mer och d'Fro, ob et

net ubruecht wier, fir och kleng a mëttelgrouss Betriber direkt unzeschwätzen, och wa si érischt méi spéit mussen ëmklammen.

Als leschte Punkt wëilt ech dann awer och nach uschwätzen, wéi et an Zukunft soll weidergoen. Déi europäesch Richtung ass jo kloer virginn. No der Ëmsetzung vun der elektronnescher Facturation zwëschent de Betriber an der ëffentlecher Hand, sollt dës jo och tëschent de Betriber a schlussendlech tëschent de Betriber an dem Client ëmgusat ginn. Hei gëtt et sécherlech vill Potenzial, mee awer och grouss Inconnuen.

Dozou dann och dräi Froen: Gëtt et am Ministère konkret Piste fir déi nächst Etappen hei zu Lëtzebuerg? Gëtt et en Zäitplang, wéi dat soll ëmgusat ginn? An zu gudder Lescht: Sinn hei scho Consultatiounen virgesinn oder amgaangen, zum Beispill och mam Konsumentenschutz an aneren Acteuren aus der Zivilgesellschaft?

Ofschléissend soen ech dem Minister schonn am Virus Merci fir seng Äntwerten op meng Froen, ouni awer ze vergiessen, dem Rapporteur Guy Arendt Merci ze soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport an och den Accord ze gi vun der grénger Fraktioun.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Hansen. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools merci, Här President. Och vun eiser Säit aus wëll ech emol ufänken, dem Här Arendt villmools Merci ze soe fir e ganz komplette Rapport.

Mir kënnen als ADR och ganz gär mat op dëse Wee goen a mir wäerten dat hei och ënnerstëtzen.

Zwou Bemierkunge vläicht, déi allen zwou och scho vu menge Virriedner ugeschwat gi sinn.

Ech wëll fir d'éischt op eppes reagéieren, wat den Här Hansen gesot huet, wou e gesot huet: „Da consomméiere mer manner Pabeier.“ Dat wär u sech eng gutt Saach. Mee et muss een awer wëssen, dass den elektronnesche Wee och eng Rei Erausforderunge fir d'Ëmwelt duerstellt. Haut schonn ass d'Informatik ee vun deene gréisste Consommateure vun Energie an an deem Sënn och a klimarelevanten Debatten absolutt och e Facteur. Dat muss een och wëssen!

Derbäi kënn, dass ee sech och kann d'Fro stellen, wéi vill Pabeier wierklech gespuert gëtt, well jo awer dacks och d'Comptabilitéit, och d'Revisioun, gewësse Prozeduren an de Betriber selwer awer trotzdeem nach op Pabeierbasis sinn. An da muss een och kucken, wat wierklech ënnert dem Stréch manner u Pabeierverbrauch erauskënnt. Ech géif soen, déi Fro ass nach oppen, mee d'Tendenz geet natierlech éischter dohinner, dass manner Pabeier verbraucht gëtt.

Déi zweet Bemierkung ass eng, déi och scho vun der CSV an d'Diskussioun bruecht gouf, dass ass einfach déi allgemeng Fro vun der Zesummenaarbecht tëschent dem CTIE an de Gemengen, dem SIGI. Dat ass eng Fro, déi absolutt berechtigt ass, well mer sollten evitéieren, double Emploi ze maachen am Beräich vun der Administration publique am Allgemengen. Dofir ass dat, mengen ech, eng gutt Fro, déi ee kann un den Här Minister riichten, ob dru geduecht gëtt, fir déi zwou Verwaltunge méi enk zesummeschaffen ze loossen an do Synergie kënnen ze identifizéieren.

Dat gesot, nach eemol merci un den Här Arendt, an d'ADR dréit dee Projet mat.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt e grouss Merci un de Rapporteur Guy Arendt, deen hei e ganz ausféierlechen a komplette Rapport ofginn huet.

Ech mengen, dass dat heiten e Projet ass, deen u sech all d'Konditiounen erfüllt, déi mir als Pirat gefalen. Mir hu virun zwee Joer e Gesetz gestëmmt. Mir hu gemierkt, dass Gesetz kënn net esou u wéi et soll. An zwee Joer drop gi mer eis Rendez-vous, fir et besser ze maachen. Hoffe mer, dass et besser gëtt! Ech sinn dervun iwwerzeegt. Ech sinn dervun iwwerzeegt, dass et richtig ass an dass et immens wichteg ass, dass mer déi E-Facturation endlech un d'Lafe kréien.

Et ass nämlech net nëmmen esou, dass et duerch eng E-Facture op eemol méi séier soll goen, fir se ze verschécken. Et ass net esou, dass mer nëmme Pabeier spueren. Mee virun allem kënnen mer Prozesser méi séier maachen. A wa mer wëssen, dass ee vun deene gängege Sätz an der Vergaangenheet ëmmer war: „Jo, beim Staat dauert et esou laang, bis ee bezuelt gëtt, oder bei de Gemengen dauert et esou laang, bis ee bezuelt gëtt, weinst de Prozesser“, da kann dat heiten e grouss Schrëtt no vir sinn, dass et méi séier geet.

An ech weess, dass an deene leschte Jore progressiv Schrëtt no vir gemaach goufen, fir méi séier kënnen Rechnungen ze liquidéieren. An ech mengen, dass dat gutt ass! An dat heiten ass e Bausteen an där Strategie.

Netdestotrotz muss ee sech awer e puer Froen bei deem heite Projet stellen. Dat Éischt ass: Ass et de richtige Moment? Ass et haut, matzen an enger Pandemie, de richtige Moment, op méi Digitaliséierung ze setzen, nei Prozesser anzeféieren a virun allem och deelweis nei Käschte bei de Betriber ze generéieren?

Fir mech ass d'Äntwert no e bëssen Iwwerleeën zu engem Jo komm; zu engem Jo, well mer eebe grad an der Pandemie wëllen digitaliséieren. Mir mussen déi Pandemie als Chance gesinn, fir no vir ze goen an net op engem Status quo ze verharren. Et ass wichteg, dass mer dat heite maachen. An ech sinn dervun iwwerzeegt, dass fir déi allermeescht Betriber d'Méikäschen, déi duerch den Accès zum „Peppol“ - dat ass dee System, deen hannendru stécht - entstinn, sech duerch Effizienzgewënner an dem Fait, méi séier bezuelt ze ginn, direkt bezuelt maachen. Dat heescht, et ass definitiv dee richtige Moment!

Da stellt sech déi zweet Fro: Ass et déi richtig Approche? Ass et déi richtig Approche, dass mer elo nach eng Kéier bis zu 15 Méint Ëmsetzungsdelais ginn, wa mer wëssen, dass och déi meescht kleng a mëttelstänneg Betriber haut schonn digital Facturationsprogrammer benotzen, déi zu engem groussen Deel, well se aus dem Ausland kommen, scho kompatibel sinn?

Do soen ech, mir hätte vläicht e bësse méi ambitieus kënnen sinn. Mir hätte vläicht e bësse méi ambitieus kënnen sinn, virun allem, well mer eis an enger éischter Phas reng op déi Betriber beschränken, déi am B2G, also am Business to government aktiv sinn.

Hätte mer elo hei de ganze Marché geholl an net nëmmen de Marché public, wär et nach justifiabel gewiescht, 15 Méint mussen ze waarden. Ech hätt mer hei e bësse méi Ambitioun gewünscht. Mee bon, ech ginn dovun aus, dass déi Betriber, déi de Benefiss heivunner gesinn, vill, vill méi séier wéi a 15 Méint wäerte prett sinn.

An da kënn déi ominéis Fro vum Marc Hansen, wou en hei vu Sécherheet schwätzt. Bon, ech mengen, wann ee sech e bësse mam Projet dohannert beschäftegt huet ... An deen, fir dee Peppol, UBL, BIS an änlech Wieder keng Friemwieder sinn, weess, dass dat Ganzt e signéierte Réseau ass, e Réseau, dee protegéiert ass an e Réseau, iwwert dee standardiséiert Dokumenter echagéiert ginn, eebe grad esou, dass keng exekutabel Programmer kënnen echagéiert ginn an domadder och keng Viren.

Deementspriedend ass dat heiten definitiv méi sécher, wéi wann een eng Facture verschéckt, déi eventuell op engem ale Xerox-Scanner gescannt gëtt, déi dofir bekannt sinn, dass se heiansdo Zuele verwiesselen. Et ass nämlech esou, dass et Scannere gëtt, déi et fäerdegbréngen, aus enger 8 op eemol eng 9 ze maachen, wa se scannen, an dat relativ reproduzabel. Dat heescht, mir sinn do an enger Situatioun, dass dat heiten herno u sech vill méi sécher ass, fir eng Rechnung ze schécken, déi soss vläicht op engem schlechte Scanner gescannt gi wier an deementspriedend vläicht falsch traiéiert gi wier.

Deementspriedend wäerten d'Piraten den Accord zu dësem Projet ginn. Mir freeën eis drop, dass an Zukunft d'Betriber, déi et wëllen, hir Rechnunge méi séier kënnen schécken, déi deementspriedend och méi séier kënnen bezuelt ginn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert: den delegéierten Digitalisationsminister, den Här Marc Hansen.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Marc Hansen, Ministre délégué à la Digitalisation.** - Här President, ech géif als éischt och dem Rapporteur, dem Guy Arendt, Merci soe fir säin detailléierte Rapport. Dat hei ass eng komplex Matière an dann ass et natierlech vu Virdeel, wann een dat esou fachlech kompetent kann explizéieren, wéi den Här Arendt dat gemaach huet. Dat erspuert mir dat Andauchen an déi komplizéiert Matière, well ech mengen, en huet dat perfekt gemaach. E puer Froen sinn heibanne gestallt ginn, déi net onwichtig sinn, op déi ech wëilt agoen. Natierlech d'Saach vum Datum: Ech mengen, 2019 - d'Madamm Adehm huet dat richtig erkläert, den Här Arendt och a sengem Rapport - stoung ech och genee schonn op där heiter Plaz a mir hunn doriwwer geschwat. Ech mengen, et ass debattéiert ginn: Solle mer et dann elo net direkt, wéi aner Länner et gemaach hunn, obligatoresch maachen? An do ware mer eis awer alleguerten eens, an d'Avisen deemools vun deene verschiddenen Acteure sinn och an déi Richtung gaang: Kommt, mir maachen elo mol nach lues, fir dat doten hinzekréien.

Do ass et jo an éischter Linn drëm gaang, dass och den ëffentlechen Acteur kéint prett sinn, fir dat do

ze maachen, souwuel de Staat wéi awer och, e Joer méi spéit, d'Gemengen. An dat war deemools och nach ee vun de Sujete vun der Diskussioun: Kommt, mir probéieren, dat awer och elo de Gemengen ze erlaben - an dat war, mengen ech, dunn am Abrëll 2020 -, dass déi dat kéinten hikréien.

An dofir sinn ech elo mol op dëser Plaz eng Kéier frou - an et ass och ernimmt ginn, mengen ech, vum Här Clement -, dass, wa mer hei soen: „Jo, den ëffentlechen Acteur gëtt ëmmer an der Digitalisation dohinnergestallt, wéi wann en esou lues wär“ ... Abee, den ëffentlechen Acteur, dee war 2019 prett. De Staat. D'Gemengen e Joer duerno. A wa mer hei stinn, fir et elo obligatoresch ze maachen, kann ee jo feststellen, dass kee Mënsch dat praktesch gebraucht huet. Dat heescht, déi aner Säit huet sech natierlech do e bësse schwéier gedoen. Do gi mer also, mengen ech, eise Rôle gerecht.

Ee Wuert dann iwwert d'Delaen, déi elo an deem heite Gesetz stoungen, oder firwat mer dat net méi séier gemaach hunn oder ob et elo dee richtige Moment ass: Mir hunn et jo grad och an der Pandemie mol no hanne gesat. Mir däerfe jo awer och déi lescht 18 Méint net vergiessen, wat do alles geschitt ass, och fir d'Betriber an der Digitalisation a fir de Staat.

Mir hunn enorm Efforte gemaach. Mir hunn all déi nei Aiden, mir hu Vaccinationszentren, mir hunn all méiglech Onlinedemarchë gemaach, déi d'Betriber och konnte benotzen, déi mir konnte benotzen. An an där Zäit huet definitiv kee vun eis oder vun de Betriber un de Peppol, wat eeben dee Knuet ass, deen hannendru stécht, geduecht, fir dat heite weiderzedreiwen. Dat däerf een an där heiter Rechnung net vergiessen. Ech mengen, et si méi wéi 70 Demarchen, déi fir d'Betriber online gaange sinn, wou Aidë ganz séier hu missen, och fir Fiduciairen, fir grouss a kleng Betriber gemaach ginn. Dofir ass dat heiten, mengen ech, elo net, wéi wann näischt an der Digitalisation an där Zäit geschitt wär, och an de Betriber. Mee do ass ganz vill no vir komm.

Ass dat heiten net ze spéit? Dat ass am Fong geholl, mengen ech, déi falsch Fro. Well een, dee wëll, dee kann et haut maachen als Betrib. Zanter 2019 hätt en et kënnen maachen. Elo gi mer natierlech nach eng Kéier Delais mat derbäi, bei deene kleng Betriber bis zu 15 Méint. Abee, een, deen et muer wëll maachen, dee kann dat muer maachen. Do steet näischt am Wee. Mir sinn zanter 2019 prett, fir dat doten hinzekréien.

Firwat hu mer déi Delais nach eng Kéier geréckelt? Ma well och an den Avisen vun den Acteuren an och am Echange mat deene gesot ginn ass: „Wannechgelift, réckelt dat emol nach eng Kéier no hannen!“ An da si mer eis awer alleguerten eens, hanner virgehalener Hand soe se alleguerten: „Réckelt et elo nach, fir dass eis Leit kënnen nokommen!“ Mee maacht et elo einfach, dass elo Beweegung an den Dossier kënn, well dee fräiwëllege Wee huet näischt bruecht. Ma da kommt, maacht et, mee gitt nach eng Kéier e puer Delais mat derbäi! Et kann een et jo virdru maachen. An ech mengen, et ass jo dann och an déi Richtung, wéi et ka fonctionéieren.

Ee Wuert iwwert d'Sécherheet. De Kolleeg Marc Hansen huet déi Fro hei opbruecht. Peppol, dat ass effektiv dee Knuet, deen do hannendrun ass. Dat ass eng ... Also vun absolutter Sécherheet géif ech mech net trauen ze schwätzen, mee dat ass awer e Cryptage vun der Verbindung zwëschent dem Accesspoint, deem, deen eebe verschéckt, an deem, deen empfängt. Dat ass awer eng ganz héich Sécherheet, déi do garantéiert ass. An dofir mengen ech, kann een dovunner ausgoen, dass do eng grouss Sécherheet ass. Ech sinn awer an der Digitalisation mat lech eens: Déi Absolutt, déi gëtt et net.

Ech huelen dat dann och, wéi d'Madamm Adehm gesot huet, mat un d'Kolleegin vun dem Interieur, déi jo an dem Kontext vun der Gemengereform amgaang ass, drun ze schaffen. Dat ass déi elektronnesch Signature, Dir hutt et gesot, bei de Mandater. Ech kann net fir d'Inneministesch schwätzen, mee ech kann awer fir de Beräich vun den Arrêteen a vun den Decisiounen schwätzen, wou mer och iwwert d'elektronnesch Signature schwätzen, well Dir alleguerte wësst, wéi vill Signataireen een och op de Ministèren do leien huet. Do ënnerschreiwen ech nach ëmmer schéi brav manuell.

Och do schaffe mer un esou enger Versioun. Dat ass awer och e bëssen no hanne geréckelt. Ech erënnere mech och u meng Gemengenzäit. Dat war eng kleng Gemeng, mee och do hate mer Honnerten där Mandater do leien. An dat ass schwierig als Fonctionpubliques-Minister. D'Arrêteen, d'Nominatiounen: Dat sinn Honnerte Signataireen all Woch, déi ënnerschriwwen ginn. Och do kéint ee sech virstellen - ech hunn och do schonn Ebauchë gesinn, wéi een dat kéint maachen -, fir dat méi elektronnesch ze maachen, dass et vläicht just mäi Fingerprint ass oder wa mäin Ecran mech léif kuckt an ech och dee Richteg sinn, dass dat da fonctionéiert.

**(Hilarité)**

Dat heescht, dorunner gëtt geschafft. An ech mengen, dass ass eppes, wat och der Inneministesch warscheinlech ganz wichteg ass.





Wéi ass et - an dat ass, mengen ech, de leschte Punkt, op deem ech aginn - mat Formatioun? Sinn d'Zuelen eropgaang an deene leschten zwee Joer? Firwat net? Hutt Der dat gemonitort? D'Zuele sinn net an d'Luucht gaang, definitiv weinst der Pandemie, well jiddwereen do aner Saachen ze maachen hat wéi dat heiten.

Formatiounen ginn ugebueden zesumme mat deene verschiddene Chamberen. Mir haten der zesumme mat der Chambre de Commerce a mat aneren Acteuren. Et ass elo nach déi nächst, mengen ech, Ufank Januar geplangt mat der Chambre des Métiers. Dat sinn och Webinairë gewiescht, wou alleguerten déi Froen echagéiert goufen. A mir stinn och an deenen nächste Méint do natierlech deene verschiddenen Acteuren zur Verfügung, fir hinnen ze soen, wéi dat dote ka funktionéieren.

Ee Wuert nach fir déi kleng Betriber, wat net onwichtig ass, an iwwert d'Plattformen. Een, deen hei net seng eege Software wëll entwéckelen, dee kann dat natierlech och iwwert de Guichet maachen. Do kann ee souguer seng eenzel Rechnung doranner eroplueden. Dat heescht, de kleng Betrib kéint dat och maachen, wann en do net wëll grouss Efforten drastiechen. Dat wäert och nach eng Plattform vun eis sinn. Déi wäert am Mee, Juni nächst Joer fäerdeg sinn.

An dann, well dat e puermol ernimmt ginn ass: Wéi ass et an der Zesummenaarbecht mam SIGI a mam CTIE? Déi schaffen op ganz ville Plazen zesummen. De SIGI ass natierlech e Syndikat vun de Gemengen, keng Verwaltung. Déi hunn hir eege Gouvernancepunkten. De CTIE mécht ganz vill Efforten, hëlleft och verschiddene Gemengen, wa mer do gefrot sinn. An ech mengen, dat ass eppes, wat een natierlech muss drécken, well ech och der Meenung sinn: An der Digitalisation ass et am beschten, et huet een net 200 verschidden Acteure fir d'ëffentlech Hand, mee esou mann wéi méiglech. A wann et der nach gëtt, well déi eng ënnert d'Autonomie communale fallen an déi aner ënnert de Staat, da solle se op jidde Fall esou gutt wéi méiglech zesumme kooperéieren.

Am Virfeld lech alleguerte merci. Ech hu gespuert, dass dat heiten unanime gedroe gëtt. Mir kommen hei erëm eng Kéier weider mat der Digitalisation, e kleng Schrëtt, dee mer elo e bëssen duerch déi Obligatioun do forcéieren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools dem delegéierten Digitalisationsminister, dem Här Marc Hansen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7750. Den Text steet am Document parlementaire 7750<sup>9</sup>.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 7750 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmmen fänkt un.

***(Brouhaha général et hilarité)***

***(Dû à un problème avec le système de vote électronique, il est procédé à un vote à main levée sur le projet de loi 7750.)***

Wie mam Projet de loi 7750 d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dese Projet de loi eestëmmeg ugeholl.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

## Le saviez-vous ?

### VOTE DE LA LOI

La Chambre des Députés se prononce sur les projets et propositions de loi dans le cadre de plusieurs votes. Un projet ou une proposition de loi peut être soumis au vote par division sur demande de cinq députés au moins. Si des modifications ont été adoptées, la Chambre procède ensuite au second vote réglementaire sur ces amendements après que le Conseil d'État a donné son avis à leur sujet. Ce vote tient son nom du fait qu'il est prévu par le Règlement de la Chambre. L'étape suivante concerne le vote sur l'ensemble du projet ou de la proposition de loi. Finalement, au moins trois mois après le vote sur l'ensemble, le second vote constitutionnel achève l'œuvre législative de la Chambre. Néanmoins, la Chambre, avec l'accord du Conseil d'État, peut décider de se dispenser de ce second vote constitutionnel.

■ **Une voix**.- Dir musst awer d'Presenzen notéieren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- A jo. Wien e Vote par procuratioun wëll ofginn, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

***(Appel nominal pour votes par procuration)***

Domadder ass dese Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou decidéiert.

### 3. 7809 - Projet de loi portant modification : 1° de la loi modifiée du 19 mai 2003 modifiant :

**1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;**

**2) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;**

**3) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'État ;**

**4) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État ;**

**5) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois ;**

**6) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut se faire changer d'administration ;**

**et portant création d'un commissariat du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire ;**

**2° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ; et**

**3° de la loi modifiée du 25 mars 2015 instituant un régime de pension spécial transitoire pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois**

Den nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7809, eng Ofännerung vum Beamtestatut. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An ech ginn d'Wuert un de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Fonction publique***

■ **M. Gusty Graas (DP), rapporteur**.- Merci, Här President.

An der Regierungserklärung vum 12. August 1999 war festgehalen ginn, datt d'Disziplinarverfahre beim Staat sollt reforméiert ginn an do gouf och eng Etüd an Opdrag ginn a fënnef EU-Staaten, fir erauszefannen, wat u sech dee beschte Wee wier. A well bis dohinner alles op Basis vum Gesetz vum 16. Abrëll vun 1979 traitéiert gouf, war dat och net méi zäitgeméiss. Deemools huet nach de Chef hiérarchique vun deenen eenzele Verwaltungen déi ganz Instruktioun gemaach an och Sanktiounen ausgeschwat, an Dir kënnt lech jo virstellen, datt do d'Impartialitéit vläicht net ëmmer garantéiert war.

Dunn ass en neit Gesetz komm, an zwar den 19. Mee 2003. Mat deem gouf e Commissariat fir d'Instruction disciplinaire beim Staat geschafen. Dee Commissariat huet den 1. November 2003 ugefaange mat schaffen. Dat war och deen Dag, wou de Kommissär genannt ginn ass. Zënter Juni 2004 huet en och seng eegen Internetsäit.

Du koud d'Gesetz vum 5. August 2006 mat enger Erweiderung vun de Kompetenzen. An zwar ass zënter dem 1. Dezember 2006 dee Kommissär och elo zoustänneg fir Beamten aus de Gemengen, Gemengesyndikater an och Établissements publics, wéi gesot, och fir verschidde Gemengenemployéen.

Ech wëll hei ënnersträichen, datt en natierlech net zoustänneg ass fir Beamten, déi am Stage sinn, an och net fir d'Aarbechter - déi aus dem ëffentlechen Déngscht - an och net fir d'Privatbeamten.

Duerch d'Gesetz vum 30. Mee 2008 kouden dunn zwee Poste vum Commissaire adjoint derbäi. Ech mengen, dat erkläert jo schon, datt de Volume un Aarbecht permanent an d'Luucht gaang ass. Am Moment schaffe siwe Leit do. Ech wëll lech elo e bëssen Zuele mat op de Wee ginn, fir awer ze illustréieren, wat fir eng Wichtigkeet dat Commissariat do awer huet an och wéi d'Evolutioun an deene leschte Jore war.

Tëschent 2003 an 2021 goufe bis elo 1.285 Affären traitéiert. Dovunner ware 74 % Männer a 26 % Fraen. Do ka jiddweree seng Konklusioun dorauser zéien, wat dat heescht. 78,5 % vun de Fäll ware beim Staat, 21,5 % bei de Gemengen. D'Fonctionnairë waren an der klorer Iwwerzuel mat 83,5 % géint 16,5 % bei den

Employéen. 362 Affäre goufen dem Parquet iwwerwisen a bei 14 % gouf och e Recours ageluecht.

Dëst Joer gouf dat Commissariat scho bis déi lescht Deeg mat 81 Affäre saiséiert. Global kruten 39 % vun den Affäre keng Suite, an 32 % goufe kleng Strofen ausgeschwat, bei 29 % vun den Affären, oder bei 346 Affäre gouf eng gréisser Strof ausgeschwat an an 98 Fäll koud et zu enger Démission d'office oder Revocatioun.

Am Joer 2020 louch d'Durée vun der Instruktioun bei 152 Deeg. Dat war eng Steigerung vun 83 % par rapport zu deem Joer virdrun. Dat ass allerdéngs duerch de Covid ze erklären. An zënter 2015 ass allerdéngs d'Durée vun der Instruktioun ëm 90 % erofgedréckt ginn. Wann ech elo nach d'Durée moyenne huelen, wat déi clôturéiert Instruktiounen ugeet, sou louch déi 2016 mat 69 Deeg am niddregsten an 2013 mat 693 Deeg am héchsten.

Vläicht dann awer elo nach e kuerzen Iwwerbléck iwwert d'Ursaachen, firwat datt iwwerhaupt esou Affären declenchéiert ginn. An do mierkt een direkt, datt et eng Hellewull vun Ursaache gëtt. Ech ka se natierlech net all hei opzielen, mee dat geet vun „absence sans autorisation du lieu de travail“ iwwer „consommation de stupéfiants“, „détournement de fonds publics“, bis hin zu „détention de photos, images et séquences de film à caractère pédopornographique“, „détention d'armes prohibées“, „fabrication et détention d'explosifs“ - et gëtt Saachen! -, „atouchement sur mineurs“, „achats de voitures pour compte privé“, „vol de mazout“ oder „photos de nus sur élèves“. An dat kéint een elo nach eng hallef Stonn esou weiderféieren. Do gesitt Der also, wéi komplex déi ganz Matière ass.

Et sinn natierlech vill aner Faiten, déi dozou féieren, datt eebe Sanktiounen mussen ausgeschwat ginn. Leider, an dat stellt een hei fest, sinn der och eng Rei derbäi, déi vun enger extreem graver Natur sinn. Déi féieren an eenzele Fäll zu enger Revocatioun oder zu enger Mise en retraite d'office. An eenzele Fäll kann allerdéngs dann och de Service psychosocial vum Ministère kontaktéiert ginn.

Ech wëll och hei op der Plaz dem Kommissär, dem Här Alain Wetz, e ganz grouse Merci aussprechen, dee ganz bereet war, fir, wéi gesot, net nëmmen Zuelen ze liwweren, mee och dobäi eng gewëssen Interpretatioun ze maachen.

D'Affäre sinn natierlech an deene leschte Joren nach vill méi komplex ginn. Eng Ursaach dovun ass ouni Zweifel d'Opkomme vum Internet. Trotz Efforten, déi gemaach goufen, fir se erofzedrécken, ass awer d'Durée vun de Behandlungen vun den Dosiere leider nach ëmmer relativ héich. Dat riskéiert natierlech och, datt eng gewësse Kreditibilitéit vum Staat dee Moment och géif um Spill stoen. Et koud esou, wéi eis dat gezielt ginn ass, och schonn zu kritesche Momenter an deenen Audiencen, ouni elo an den Detail ze goen. Mee et schéngt awer do heiandso ganz haart hier ze goen.

Duerfir ass et awer och wichteg, datt déi néideg Ënnerstützung vusäite vun de Beamten elo wäert kommen. An duerfir gëtt mat deem Gesetz vun haut dann och elo en drëtte Commissaire adjoint agestallt, fir eebe virun allem och déi Instruktiounsdelaie rasonabel ze halen.

Ech wëll just drop hiweisen - e kleng Lien -, datt an der Inspection générale de la police, Département instructions disciplinaires, sechs Leit schaffen, déi 2020 mat 47 Affäre beschäftigt waren.

Wat muss een elo als Viraussetzung matbréngen, fir kënnen esou e Poste vum Commissaire adjoint ze kréien? Natierlech muss een en Accès hu fir an d'Carrière supérieure beim Staat, an dat soll dann natierlech och prioritär e Jurist sinn.

Et gëtt och elo en eegene Kader vum Personalgeschäft beim Commissariat, soudatt d'Leit net méi mussen detachéiert ginn. Dee Kader kann och duerch Fonctionnaire-stagiairë wéi och Employéen a Salariéë komplettéiert ginn.

Ech wëll och nach ënnersträichen, datt d'Festleeung vun de Sanktiounen net natierlech an d'Kompetenz vun dem CGID erageet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir profitéieren allerdéngs och vun deem Gesetz, fir nach eng Rei kleng aner Adaptatiounen respektiv Oublieren ze rektifizéieren. Zum Beispill viséiert den Artikel 2 Changementer, déi duerch d'Policegesetz vum 18. Juli 2018 entwane waren, an zwar gëtt elo am ofgeännerte Gesetz iwwert d'Gehälter an d'Konditiounen fir ze avancéieren vum 25. Mäerz 2015 d'Majoratioun vun engem Echelon ëm 15 Punkte fir folgend Fonctiounen nees agefouert: den Adjutant vun der Militärmusek, den Adjutant-Chef vun der Militärmusek an den Ajutant-Majouer vun der Militärmusek.

Da gëtt och nach eng Inkohärenz zwëschent dem Artikel 23 vum Gehältergesetz vum 25. Mäerz 2015 an dem Artikel 57 vum ofgeännerte Gesetz vum 25. Mäerz 2015 iwwer e Spezialpensionsregime fir Staats- a Gemeindebeamte wéi och fir d'Eisebunner rektifizéiert. Déi Dispositioun iwwer eng Prime de formation vun 20 Punkte fir verschidde Fonctionnairë vun der Rubrik Armée, Police a Generalinspektioun vun der Police gëtt elo suppriméiert.

Da kënnt den Artikel 3: Dee gesäit eng Adaptatioun vun der Terminologie am Gesetz iwwert de Regime fir d'Iwwergangspezialpensioun fir Staats- a Gemeindebeamte wéi och fir d'Eisebunner vir, an zwar datt d'Terme „Catégorie D, groupe de traitement D1“ duerch d'Terme „Catégorie C, groupe de traitement C1“ ersat ginn. Ech weess, dat do ass alles elo net liicht verdaulech, mee et ass awer net onwichtig.

Den Artikel 4 ass awer da méi liicht ze explizéieren. An zwar geet et dorëms, datt d'Artikelen 2 an 3 mat deem Gesetz retroaktiv op den 1. August 2018 a Kraaft triesen.

Vläicht dann nach e Wuert iwwert d'Aarbechten an eiser Kommissioun. Den Text gouf vum Minister Marc Hansen den 23. Abrëll 2021 deposéiert. An der Kommissioun krute mer en de 7. Oktober 2021 virgestallt. De leschte 27. Oktober gouf de President vun der Kommissioun als Rapporteur genannt an de Rapport gouf dann och eestëmmeg de leschte 17. November ugeholl.

Zu den Aweise selbstverständlech och nach e Wuert. D'Chambre des fonctionnaires et employés publics hat hiren Avis de 7. Juni ofginn. Si bedauert - an dat kënne mer leider nëmmen deelen - déi beonrouegend Entwécklung am disziplinäre Beräich. Se werft awer och nach d'Fro op vum Verbuet vum geheimen Ophuele vun den Diskussiounen an den Auditioenen. Dat ass effektiv e Problem an do misst vläicht d'Gesetz vum 11. August 1982 iwwert d'Protection de la vie privée geännert ginn. Allerdéngs fält dat ënnert d'Kompetenz vum Justizministère.

Da weist d'CHFP och nach op déi legal Dispositioun hin, déi d'Reprise vum Personal virgesäit, dat aktuell beim CGID detachéiert ass. Si vermësst u sech do, wéi gesot, eng legal Dispositioun.

Dann nach zum Conseil d'État, deen a priori keng direkt Problemer mat deem Gesetz hei hat, sech allerdéngs méi reservéiert gewisen huet, ob dat, wat mer elo hei maachen, och géif duergoen, fir d'Problematik an de Grëff ze kréien. Mir waren do e bëssen anerer Meenung. Mir sinn nämlech zur Iwwerzeegung komm, datt dat Gesetz hei awer gutt ass an datt duerfir och een drëtte Commissaire adjoint sollt agestallt ginn. Déi puer legistesche Ännerungen, déi de Conseil d'État eis virgeluecht huet, hu mer selbstverständlech ugeholl. Voilà, dat war et schonn am Schnellduerchgang.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a gi selbstverständlech och nach den Accord vu menger Fraktioun. Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools dem Här Rapporteur Gusty Graas.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass nach eng Kéier déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

■ **Mme Diane Adehm (CSV)**.- Merci, Här President. Fir d'éischt wëilt ech dem Rapporteur villmools Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schriftleche Rapport.

Schwaarz Schof gëtt et iwwerall, leider och am ëffentlechen Déngscht. Wann een d'Zuele kuckt, da gëtt et der méi, wéi ee menge géif. An engem fréiere Liewen hunn ech selwer och emol Enquêtes an Disziplinarverfahre gemaach, ...

***(Hilarité)***

...jo, dat war - Här Baum, Dir kënnt laachen - schonn ier et de Commissaire à la discipline gouf. Dohier weess ech ganz genee, wéi vill Aarbecht dass dat ass. Ech weess, wéi komplizéiert dass et ass an ech weess, wéi nervenopreiwend et ka sinn, wann een dann do sëtzt mat Leit an et muss een deenen nolauschteren an et muss ee jugéieren, wien dann elo Recht huet an där ganzer Geschicht.

Ech géif direkt hei soen, dass mir als CSV eisen Accord zum Projet de loi ginn, mee ech wëlt awer op verschidde Punkte kuerz agoen. Notamment ee Punkt aus dem Avis vun der Chambre des Fonctionnaires, wou si drop hiweisen, wat mat dem Enregistrement vum Auditioone lass ass.

Si soen, dass am Projet de loi dra steet: „tentatives d'enregistrer illégalement l'audition“. Dat steet, wéi gesot, do dran. A si soen awer, eigentlech géif d'Gesetz néierens soen, dass et verbuede wier, se opzehuelen. An an deem Sënn géif ech mengen, dass et awer net schlecht wier, wann de Commissariat du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire sech eng Kéier géif domadder auserneesetzen, wat dann elo de legale Kader ass, wann ee géif esou Auditioenen ophuele respektiv wat dat him och bréinge géif, wann ee se géif ophuelen.

Well et ass wouer, dass een och elo eng do sëtzt mat Leit, a wann dann awer iergendwou eng Trace do ass, kéint dat engem spéider och hëllefen a senger Aarbecht. Duerfir géife mir mengen, dass et awer eng gutt Saach wier, wann d'Commissariat sech selwer eng Kéier géif mat der legaler Basis auserneesetzen a kucken, wat déi hiergëtt respektiv wat se net hiergëtt.





En zweete Punkt, deem ech gäre géif opgräifen, dat ass de Staatsrot, dee sech freet, ob d'Eropsetzung vun den Effektiver vum Kommissariat wierklech d'Léisung ass, fir méi séier virunzekommen an den Disziplinarverfahren. An de Staatsrot selwer schreift: « [...] il serait dès lors de mise de réfléchir aux procédures qui sont appliquées en vue de leur optimisation ».

Mir mengen an deem Kontext, dass een de Fonctionnement vum Kommissariat eng kéier sollt allgemeng iwwerschaffen, och am Kader eventuell, wou een och kéint iwwert d'Enregistrement vum den Auditouneen diskutéieren, an dass mir et begréisze géifen, wann de Minister eng kéier géif zu engem spéideren Zäitpunkt domadder bei eis an d'Kommissioun kommen an eis soen, wat bei deenen Iwwerleeunge beim Kommissariat erauskomm ass.

Wéi gesot, ech ginn heimadder den Accord vun der CSV a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Adehm. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten.

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Merci, Här President. Selbstverständlech gi mir als LSAP och eisen Accord zu dësem Projet de loi a géifen och am selwechten Otemzuch gären dem Rapporteur a President vun der Kommissioun Gusty Graas villmools Merci soe fir säi gudden an ausféierleche Rapport.

Ech géif vläicht just nach ee Wuert wëllen drunhänken - d'Madamm Adehm huet et virdrun och gesot -: D'Fonction publique ass do net anescht wéi eis Gesellschaft. Och an der Fonction publique gëtt et vläicht dat eent oder anert „schwaarzt Schof“, huet si se genannt. Ech géif awer hei vläicht gären nach eng kéier festhalen, dass mir eng gutt Fonction publique hei zu Lëtzebuerg hunn, mat devouéierte Fraen a Männer, déi hiren Déngscht fir d'Land a seng Leit exemplaresch leeschten. An ech wëilt net, dass duerch déi heiten Diskussioun e falschen Androck kéint Entstoen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Cruchten. An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).**- Merci, Här President. Och vu mir aus e grouse Merci un de Rapporteur. Ech mengen, de Gros ass effektiv gesot ginn. Ech géif mech effektiv och de Wiederum Här Cruchten uschléissen: Mir dierfen op kee Fall op dee Wee goen, also dat soll elo net e falschen Androck vermëttelen.

Op där anerer Säit muss ee soen, dass et eeben och wichteg ass, op dee Wee ze goen, justement fir alleguerten déi Leit, déi gutt schaffen, och ze schützen, dass een also Fäll vu schwaarze Schof dee Moment eeben och gutt kann nogoen.

Et geet hei effektiv och net ëm näischt. Et ass vläicht e kuerze Rapport gewiescht, mee et ass effektiv e wichtege Punkt, wa mer wëllen e gudde Fonctionnement beim Staat garantéieren.

An duerfir begréisze mer absolutt, dass hei och fir Verstärkung gesuergt gëtt, dass d'Prozeduren net éiweg schleefen an dass eeben déi Demanden oder déi Fäll kënnen anstänneg traitéiert ginn, quitte dass dat och net verhënnert, dass mer driwwer schwätzen, wat d'Prozeduren en tant que tel eeben ubelaangt, bon, well och méi Personal, wéi eeben am Avis gesot ginn ass, dat net onbedéngt ka wettmaachen, well et och deelweis un de Procedure ka leien, wann esou Disziplinarverfahren net esou kënnen traitéiert ginn, wéi et eigentlech néideg wier. Voilà. Duerfir wär et effektiv och vläicht interessant, dee Punkt eng kéier opzegräifen.

An domadder ginn ech och den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Empain. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Merci, Här President. Alles, wat hei gesot ginn ass, ass richtig. An ech ka mech deem just uschléissen. Ech géif och dem Här Rapporteur, dem Gusty Graas, Merci soe fir säi gudde Rapport an och fir déi interessan Zuelen, déi en eis do geliiwert huet. Dat ass ëmmer méi flott, wann dat och e bësse méi d'Situatioun um Terrain erëmspigelt. Voilà. Mir ginn den Accord. Tipttopp!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Keup. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Merci fir d'Wuert. Merci dem Rapporteur fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Et ass schonn interessant ze liesen, datt d'Affairedisciplinairë bei der Stater Gemeng esou an d'Luucht gaange sinn, datt souguer muss en neie Poste kreéiert ginn. Mee ech géif awer och dem Här Cruchten senge Wieder Rechnung droen, datt een hei elo keng Hexejuegd soll maachen. Do misst ee sech awer trotzdem ganz seriö d'Fro stellen, u wat et da läit.

Sinn d'Aarbechtskonditiounen eventuell degradéiert ginn? Et héiert een och ëmmer méi vu Favoritismus oder vun onbequeme Beamten, déi duerch bürokratesch Machenschaften dozou bruecht ginn, de Mond ze halen, oder anerer, déi duerch Befeeleer a Versetzungen ënner Drock gesat ginn, an och Disziplinarverfahren, déi sech immens an d'Längt zéien, iwwer Joren eraus. An och dat ass eng Realitéit beim Staat. An och déi Leit muss ee schützen. Dofir muss een dat alles am A behalen.

Mee op alle Fall, Dir kritt den Ok vun eiser Fraktioun. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. A merci dem Gusty Graas fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport, deem och ganz interessant war. Och mir Piraten ginn den Accord.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, de Fonction-publiques-Minister, den Här Marc Hansen.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique.**- Här President, ech sinn ëmmer an der Kommissioun vun der Fonction publique zefridden, wann de Gusty Graas Rapporteur genannt gëtt. Net dass ech déi aner net gär hunn, mee da weess ech, dass dat ganz genee gemaach gëtt an och hei esou explizéiert gëtt, dass dat verständlech ass an dass de Statut e bësse méi einfach ze verstoen ass.

Et ass eng wichteg Saach, déi mir haut maachen, an zwar aus engem Grond: Dir hutt déi Zuelen ernimmt; déi sinn amgaang natierlech steeteg an d'Luucht ze goen. Dir hat am Joer 2019 67 Fäll, Dir hat am Joer 2021 op den Dag vu gëschter 21 Saisiné bei dem Kommissär. Dat heescht, dat ass awer substanzuell, wou dat an d'Luucht geet.

An Dir hutt iwwer villes geschwat, wat d'Problematik ass, mee eng, déi och net onwichtig ass bei der Komplexitéit vun den Dossieren, ass, dass heiansdo zwee där Kommissären op engem Dossier schaffen. Dat si ganz dacks Rapporten, an och wa se vun de Gemenge kommen - an do hate mer an der Lescht jo ganz kniwweleg Fäll -, da sinn et Rapporte vu méi wéi 1.000 Säiten. An et ass och net onwichtig, dass heiansdo an där enger oder anerer Auditouen zwee Kommissäre sëtzen, well do natierlech herno probéiert gëtt, dann dat, wat gesot ginn ass, elo op eemol net méi esou gesot ze hunn. An dat ass definitiv komplizéiert.

D'Wuert ass hei ernimmt ginn, dass mer elo ee bäisetzen, a wéi et mat de Prozeduren ass. Dat ass eng ganz richtig Bemierkung. Déi ass och am Conseil d'État sengem Avis dran.

Eppes, wat een elo emol och eng kéier hei festhale kann: Zanter 2003 gëtt et dat jo an där Form, an zanterdeem ass et awer emol gutt, dass eng kéier alleguerten d'Prozeduren duerchgespillt sinn an dass mer iwwerall op Jurisprudenz sinn. Well Dir wësst natierlech: Et huet een och d'Recht, sech ze verteidigen. Mee do ginn natierlech och all Moyenen eng kéier gezunn. An entre-temps hu mer awer bal op alleguerten deene verschiddenen Aspekten eng Jurisprudenz, déi da méi einfach ass a wou mer dann op där anerer Säit erëm méi séier kënnen duerch d'Prozedur kommen.

Duerfir ass dat heiten dee Schrëtt, deem eis hëlleft, d'Saach méi einfach ze maache fir d'Personal, wat do schafft, wann een Drëtte mat bäikënn. An dat geschitt eeben heiduerch. An duerfir just déi kleng Annerung.

Ech hunn awer och scho virun der Pandemie - an do kommen ech gär eng kéier mat lech an d'Kommissioun schwätzen - mat deene verschiddenen Acteuren, déi hei implizéiert sinn, e Gespréich ugefaangen, wéi si dann eventuell Verbesserungen oder dee ganzen Disziplinnkader gesinn. Dir wësst, dass hannendrun och de Conseil de discipline ass, deem am Moment och vun enger Magistratin présidéiert gëtt. Ech hu mat deenen ugefaangen, en Echange ze hunn, wéi si déi ganz Prozedur gesinn, an ob een do kann un de Procedure raisonnablement dat eent oder dat anert adaptéieren, wat der Saach wierklech géif hëllefen, an net nëmmen ze änneren, fir et eebe geännert ze hunn.

Dir hutt alleguerten zu Recht gesot, dass mer eng gutt Fonction publique hunn. An dat heite gehéiert dann awer och zu enger gudder Fonction publique, dass grad déi schwaarz Schof, wéi se hei genannt gi sinn, dann eeben och erausgeholl ginn aus deene Staatsbeamten an dass déi gradesou kloer gewise kréien, dass et net esou ka klappen, dass ee fuddelt oder eng stiicht, an dass dann eeben déi heite Saachen och anstänneg musse gereegelt ginn.

A wa mer vu schwaarze Schof eebe schwätzen, wëll ech dat awer nach eng kéier an de Kader setzen. Och wann ech elo ernimmen, dass mer 82 Saisinen am Joer hunn, wa mer eleng vun de Staatsbeamte

schwätzen - bon, elo si se natierlech net alleguerten ... -, dann hu mer 32.000 Agenten, déi do schaffen; da kommen d'Gemeengebeamten natierlech mat derbäi, an dann ass d'Zuel vun 82 awer relativ kleng.

Mee mat deenen, déi esou eppes maachen, muss een natierlech ganz rigouréis ëmgoen an och do keen Doute opkomme loossen, dass een och prett ass, fir eeben eng effizient Fonction publique ze hunn, andeem een déi dote Saachen eliminéiert.

Ech soen lech am Virfeld Merci fir deen unanimë Vott hei an ech hoffen, dass mer dann an Zukunft och mat deem drëtte Kommissär séier virukommen, fir déi Sujeten, déi awer heiansdo delikat sinn, gutt ze beschaffen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Marc Hansen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

An elo si mer gespaant, ob de Vote électronique funktionéiert.

Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7809. Den Text steet am Document parlementaire 7809<sup>3</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7809 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. An elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7809 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Laurent Mosar), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

#### 4. 7750 - Projet de loi modifiant la loi du 16 mai 2019 relative à la facturation électronique dans le cadre des marchés publics et des contrats de concession (suite)

A well dat esou gutt funktionéiert huet, géife mer dann elo elektronesch de Vott iwwert de Projet de loi 7750 widderhuelen, fir datt mer konform zum Règlement sinn.

(Conformément à l'article 47 (2) du Règlement de la Chambre des Députés, il est procédé à un nouveau vote sur le projet de loi n° 7750 qui annule et remplace le précédent.)

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7750 et dispense du second vote constitutionnel

De Vott fir de Projet de loi 7750 fänkt un. An och hei de Vote par procuration. En ass nach ëmmer op. Se sinn nach net alleguer erduerch. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi 7750 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Claude Wiseler), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole*

*Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

#### 5. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet du chômage de longue durée

Da si mer och elo do an der Rei a mir kënnen zur Aktualitéitsstonn iwwert d'Laangzäitarbeitslosigkeit kommen. Et hu sech ageschriwwen: d'Madamm Carole Hartmann, den Här Georges Engel, den Här Carlo Back, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Sven Clement.

An d'Wuert huet elo den Här Marc Spautz als Vertreter vun der CSV-Fraktioun, där Fraktioun, déi dës Aktualitéitsstonn ugefrot hat. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### Exposé

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Här President, léif Kolleeinnen a Kolleeen, mir hunn déi Debatt ugefrot, well et fir eis wichteg ass, dass mer eis och mat deene Leit beschäftegen, déi et de Moment méi schwierig hunn. Mir wëssen alleguerten, déi bescht Sozialpolitik ass d'Politik vun der Vollbeschäftigung. Wann d'Leit alleguerte beschäftigt sinn an alleguerten en uerdentleche Salaire hunn, dann hu mer déi mannste sozial Problemer.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- D'Aarbechtslosigkeit an d'Konsequenz vun der Aarbechtslosigkeit hu mer schonn oft heibannen diskutéiert, och virun net méi Laangem wéi néng Méint am Cercle, wéi mer do souzen, wou mäi Kolleeg Paul Galles d'Diskussioun gefouert hat iwwert de Jugendchômage.

Wa mer d'Zuele kucken aus dem Rapport vun der ADEM an och d'Zuelen, déi am leschte Comité de conjoncture festgehal gi sinn, da stelle mer fest, dass d'Zuelen u sech besser si wéi emol an der Zäit, mee dass zwee Picken do sinn: Deen ee Pic sinn déi Jonk, wou ech virdu gesot hunn, wou de Paul sech schonn eng kéier, dat war nach am Cercel, domadder beschäftigt hat, an deen anere Pic, dee mer hunn, dat ass dee vun den eeleren Arbeitslosen; respektiv „eeler“ ass och falsch, well et sinn net nëmmen Eeeler, déi méi laang am Chômage sinn, déi zielef Méint derbäi sinn.

An dem leschte Bulletin vun der ADEM sinn et der 7.000, pardon, sinn et - Durée d'inscription méi wéi zielef Méint - 7.955 Leit, déi méi wéi zielef Méint ageschriwwen waren. An dofir ass et fir eis wichteg, doriwwer ze diskutéieren: Wou ass de Problem? Wat ass dat, wat mer do hunn?

Well déi Leit, déi hu Problemer mat hirem soziale Stellwäert. Déi Leit hu Problemer mat Akommes, well mir wëssen, och wa se Hëllef kréien, dass dat net dat selwecht ass, wéi wa se schaffen ginn. Et ass de Problem vun der Selbstachtung, well et geet ee gär schaffen! Et ass net, well een einfach seet: „Ech hu keng Loscht an ech bleiwen doheem sëtzen“, mee et hätt een och gär e Selbstwäertgefill. An dofir ass et wichteg, dass mer do eppes ënnerhuelen.

Wat sinn d'Ursaachen?

An deem, wat mer gelies hunn am Bulletin an och am Rapport annuel vun 2020 - dee vun 2021 ka jo nach net do sinn -, ass ënner anerem e Problem d'Rationaliséierung, d'Moderniséierung an d'Qualifikatioun.

An d'Qualifikatioun ass eppes, wou mer awer wëssen, dass a verschiddene Secteuren an a verschiddene Formatiounen e risege Manktum besteet, wou ee sech da muss d'Fro stellen, ob mer et net kënnen fäerdegbréngen, dass mer déi Leit kënnen erëm fit maache fir op den Aarbechtsmaart, a wou mer dann och kënnen kucken, dass mer deene Laangzäitchomeuren aner Moyene kënnen ginn, fir se besser ze qualifizéieren a fir och do mat hinnen zesummen un der Atellung ze schaffen.

Well et ass och oft esou, wa souguer de Profil géif passen, dass dann eng gewësse Retizienz do ass: „O, deen ass schonn 9 Méint oder deen ass schonn 12 Méint oder 13 Méint am Chômage; ech huele léiwer een, deen nach net esou laang aus dem Beruffsliewen eraus ass“, dass mer och do kucken - dofir nennen ech dat d'„Astellung“ -, dass een och doriwwer kann diskutéieren.





Well wann déi Leit esou laang am Chômage sinn, bréngt dat jo och fir si Problemer mat sech, ech hat et scho gesot: finanziell; et ass dat mam sozialen Netz; et ass dat mat der familiärer Bindung, well och an der Famill si se net frou, wann deen een esou laang doheem sëtz t a keng Aarbecht fënnt; et ass déi perséinlech Astellung, déi een erlieft a wou ee keng Satisfaktioun huet, an et ass virun allem och d'Bindung an der Gesellschaft. Well och, wa mer alleguerte ganz fei Leit sinn an ni ee géif drun denken, hannert dem Réck vun engem aneren iwwert deen ze schwätzen, heescht et grad dann, wann esou Kollegen derbäi sinn: „Ma dee geet nach ëmmer net schaffen!“ An och dat ass eppes, wat op d'Moral vun deene Leit dréckt a wat et dann och mat sech bréngt, dass de Laangzäitchômage nach méi schlëmm gëtt.

Vun dem Gesondheetsaspekt gekuckt, vun enger Hoffnungslosegkeet, wou déi Leit op eemol verzweifelen, wa se e puer Honnert respektiv e puer Dausend Demandé gemaach hunn, et sinn der, déi falen an eng Sucht, et sinn der, déi kréien eng chroesch Lethargie, an et si Leit, déi bedauern de Verloscht vun deene soziale Kontakter, deen dat och mat sech bréngt.

D'Zil vun eis all muss et sinn, Reintegratioun ze maachen. An dat ass net eleng der ADEM hir Aufgab, well d'ADEM ass net deen, deen d'Aarbechtsplaze schafft! D'Aarbechtsplaze gi geschaaft an de Betriber. D'Aarbechtsplaze gi geschaaft op anere Plazen. Et ass d'ADEM, déi probéiert, deene Leit ze hëllefen, mee et ass net eleng der ADEM hir Aufgab, fir dat ze maachen, et ass och un eis, un der Gesellschaft, fir do déi néideg Initiativen ze huelen.

Mir brauchen dofir méi Fortbildung, méi Ëmschoulung a méi Aarbechtsbeschafungsmoosnamen. Ech wëll drun erënneren: Wéi mer emol an engem gréissere Lëtzebuenger Betrib, deen haut och vill, vill méi kleng ass, Schwieregkeeten haten an de 70er-Joren, ass eng DAC geschafe ginn, eng Division anti-crise mat Aarbechten, déi allgemeng noutwendeg waren.

An et muss een och doriwwer nodenken. Mir hunn zwar CIGLen, mir hu Chômageinitiativen, mir hunn och do schonn eppes hei zu Lëtzebuerg geschaaft, mee ob een net och do probéiert, deene Leit op deem Wee iwwer esou Mesuren och d'Chance ze ginn, fir zrëckzekommen op den Aarbechtsmaart a fir och do eng Chance erëm ze kréien, e Selbstwäertgefill ze entwëckelen.

An enger däitscher Studie hu se ënnerstrach, dass grad am Gaardebau an an der Restauratioun ganz vill Aarbechte kënnen sinn, déi do kënnen gemaach ginn, och bei Bëschaarbechten, wou déi Leit awer dann eng Méiglechkeet kréien, erëm engem gereegelte Liewen nozegoen an och net einfach Chômage ze kréien, mee eng Indemnitéit oder eng Pai ze kréie fir eng Aarbecht, déi ee mécht.

Dofir ass et och wichteg fir eis, dass mer do Akzenter setzen an dass mer och do eppes maache fir déi Leit. Ech zitëieren, an d'Kollegen aus der Finanzkommissioun, déi wëssen dat, am Rapport vun der Banque centrale hei vu Lëtzebuerg steet ganz kloer drin, wéi d'Entwëcklung war vum Chômage vun 2019 bis 2020, a si hunn och ënnerstrach, dass dee Chômage hei zu Lëtzebuerg jo elo fir déi Leit, déi e bëssen duerch de Sift falen, déi do Schwieregkeete kënnen hunn, 2021 an d'Luucht gaangen ass op 38 %.

An dofir si mir der Meenung, dass mer eppes solle maachen, dass mer solle probéieren, deene Leit vill méi eng individuell Betreierung ze ginn. D'ADEM mécht scho vill dodran, mee dass mer nach doriwwer erausginn an dass mer och do mat Formation a Formation continue fir déi Leit kënnen agéieren.

Wannechgelift, Här President!

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que selon les derniers chiffres de l'ADEM, le taux de chômage s'établit désormais à 5,4 %, i. e. le niveau atteint entre octobre 2019 et février 2020 ;*

*- qu'en même temps, plus de la moitié des demandeurs d'emploi résidents disponibles sont inscrits auprès de l'ADEM depuis au moins 12 mois ;*

*- que selon l'avis de la Banque centrale du Luxembourg (BCL) relatif au budget de l'État pour 2022, il s'agirait d'un record historique qui serait par ailleurs symptomatique de l'existence de problèmes structurels sur le marché du travail ;*

*- notant que la part des demandeurs d'emploi inactifs depuis plus de douze mois (qui ne sont ni en emploi, ni affectés à une mesure pour l'emploi, ni en congé de maladie ou de maternité) a également augmenté en 2021 pour s'établir à 38 % (après une part de 32 % en 2020) (source BCL) ;*

*- considérant que, toujours selon la BCL, « [l]es populations défavorisées (salariés souffrant d'un handicap ou d'une incapacité de travail partielle, chômeurs âgés et/ou faiblement qualifiés) sont particulièrement exposées à ce fléau »,*

*invite le Gouvernement*

*- à œuvrer pour une meilleure prise en charge individualisée des personnes touchées par le chômage de longue durée et à leur proposer des mesures ciblées, notamment au niveau de la formation et de la formation continue.*

(s.) Marc Spautz, Paul Galles, Jean-Marie Halsdorf, Aly Kaes, Gilles Roth.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Spautz.

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Da wëll ech awer och virufueren, dass et och wichteg ass, wa mer elo schwätze vu Qualifikatioun, dass een och feststellt, wann ee mat verschiddene vun deene Leit d'Chance huet ze schwätzen, dass et do och oft e sproochleche Problem gëtt, entweder dass se an engem Secteur géife schaffen, wou nëmme Franséisch geschwat gëtt an net Lëtzebuergesch, oder ëmgedréit, wou déi eng net genuch Lëtzebuergesch schwätzen an déi aner net genuch Franséisch schwätzen, fir am Secteur kënnen ze bestoen. An ech mengen, och do ass et wichteg, dass mer kucken, wat mer do kënnen maachen, fir deene Leit d'Méiglechkeet ze ginn, erëm eng Kéier zrëck op den Aarbechtsmaart ze kommen.

An dann, wa mer vu Laangzäitchômeure schwätzen, et sinn der och, déi duerch en Accident op eemol engem Beruff net méi konnten noگو. Wann een da Serveuse war oder Garçon war, en hat en Autosaccident an en hat do nach eng Kéier de Becke gebrauch, da laaft Der net méi aacht Stonnen duerch de Restaurant, well dat geet net méi. An da kënn et oft zum Reclassement an da gëtt et am Ufank e Reclassement interne, da gëtt et en externe, an dann op eemol hänken déi Leit an der Loft a si wëssen net méi, wouhinne, well kee vun deenen all ass fräiwëllig an der Aarbechtslosegkeet an och kee vun deenen ass fräiwëllig krank an huet sech fräiwëllig gemellt, fir dat ze erliewen!

An dofir si mir och der Meenung, dass ee misst driwwer nodenken, a mir géifen d'Regierung opfuerderen, et gëtt jo 400 Emplois maximal annuel - esou heescht et de Moment - fir d'Insertioun vu 400 Poste beim Staat, a mir géifen d'Propos maachen, dass een do soll soen, mir missten dat méi an d'Luucht setzen, fir och do nach d'Méiglechkeet ze ginn, dass nach méi Chômeure kënnen aus der Inaktivitéit erausgehoi ginn an esou d'Chance kënnen kréien, och an eng Beschäftigung eranzekommen, och wann et net ëmmer um Staat eleng ass, déi Aufgab ze iwwerhuelen.

Mee wa mir et net fäerdegbréngen als ëffentlech Hand, ob dat de Staat oder d'Gemenge sinn, fir deene Leit erëm eng Chance ze ginn, wäerte mer se och ni méi um éischten Aarbechtsmaart, um private Marché, placéiert kréien. Wannechgelift, Här President!

#### Motion 2

*La Chambre des Députés,*

*- revue la loi du 20 juillet 2017 portant modification du Code du travail en vue de l'introduction d'un nouveau dispositif de lutte contre le chômage de longue durée ;*

*- considérant que les différentes lois budgétaires (2018 à 2022) ont fixé le chiffre maximal annuel d'emplois d'insertion à 400 postes ;*

*- que malgré un bilan intermédiaire encourageant dressé en 2019, le chômage de longue durée a atteint un record historique en 2021 (avec une hausse substantielle des demandeurs d'emploi inactifs depuis plus de 12 mois) ;*

*- rappelant qu'il est plus raisonnable d'investir dans l'emploi que de financer le chômage,*

*invite le Gouvernement*

*- à évaluer le dispositif susmentionné et à procéder aux adaptations qui s'imposent pour aboutir à une baisse significative des demandeurs d'emploi inactifs.*

(s.) Marc Spautz, Paul Galles, Jean-Marie Halsdorf, Aly Kaes, Gilles Roth.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Dat ass déi Motioun.

An da wëll ech soen, Kolleginnen a Kollegen, mir sinn eis duerch déi ganz Situatioun alleguerte bewosst, dass et am Moment méi schwiereg ass, a verschiddene Secteuren Aarbechtsplazen ze fannen.

Mee mir stellen awer fest, dass, wa mer d'Avise liesen - an d'Kollegen aus der Finanzkommissioun hunn dat jo bis an dee leschte Punkt gemaach, all déi Avise gelies, déi aner vläicht e bësse manner -, déi komm si vun de Beruffschamberen a vun all deenen aneren Institutiounen, déi elo an der Finanzkommissioun gekuckt gi sinn, da stellt een do ëmmer erëm fest, dass ee vun den Haaptpunkten ass, dass se ganz vill reklaméieren iwwert de Manktum vun der Main-d'œuvre.

An an der Zäit, wa mer iwwer Chômage geschwat hunn, war et oft, et huet net um Manktum vun der

Main-d'œuvre geleeën, mee et huet geheescht: „Mir hunn der ze vill. Mir hu keng Plaze fir déi Leit.“ An dofir mengen ech, dass et ganz wichteg ass, dass mer do an d'Formatioun an an d'Mobilisatioun investéieren, an dat am Interêt vun alleguerten deene Leit, awer och am Interêt vun eis alleguerten.

Villmools merci!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Spautz.

An éischten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

#### Débat

■ **Mme Carole Hartmann (DP).**- Här President, Kolleginnen a Kollegen, an de Chômage ze falen ass keng einfach Situatioun, en ze iwwerwannen nach vill manner. A wat e méi laang dauert, wat et méi schwéier gëtt, fir nees erauszekommen. Ëmsou méi erfëllend ass et, wann een nees eng Aarbechtsplaz fënnt, wann een net méi un all Dier muss klappe goen an een nees op eegene Féiss ka stoen. D'Selbstwäertgefill wiisst dann, well een net méi vum Staat ofhängeg ass.

An enger idealer Welt géif et kee Chômage ginn. Dat entsprécht awer leider net der Realitéit. D'Aarbechtslosegkeet gehéiert nach ëmmer zu de gréissten Erausforderungen. An dëst Joer am Oktober huet de Laangzäitchômage een neien Héchstaux erreecht. De Marc Spautz, deem ech Merci soen, ass indirekt drop agaangen, huet d'Ziel awer net genannt. 52 % vun de Chômeuren, déi hei am Land wunnen, waren iwwer zwielef Méint ouni Aarbecht. Am Abrëll 2019 waren et nach ronn 41 %. De Chômage de longue durée ass domadder e reelle Problem.

Eise But muss et sinn, d'Risiko vun der Laangzäitaarbechtslosegkeet am Keim ze erstécken. Eis Mesuren dierfen net eleng dann asetzen, wann d'Leit schonn an de Chômage gefall sinn. Mir müssen de Problem bei der Wuerzel paken.

Duerfir ass et natierlech wichteg ze wëssen, wou déi grouss Risike leien, fir an de Chômage ze falen.

Der ADEM no sinn et dräi grouss Kategorien: den Alter, de Statut vum Salarié - also ob en en Handicap huet oder net - an de Bildungsniveau. Dobäi si Chômeuren net onbedéngt just enger Kategorie zouzeuerdnen, mee kënnen ënner all Kategorie falen. Dat mécht de Wee op de regulären Aarbechtsmarché net méi einfach.

D'Digitaliséierung, d'Automatiséierung an d'Globaliséierung vun de Mäert sinn eng weider Erausforderung. D'Kompetenzen, déi gefrot ginn, verännere sech ëmmer méi schnell. D'Formation continue, déi vun der DP schonn ëmmer ënnerstëtzt gouf, muss dowéinst och kontinuéierlech weider ausgebaut ginn. D'Plattform Lifelong Learning an och d'ADEM bidde vill Weider- an Ëmbildungen un, fir d'Salariéen op déi Ufuerderungen um Aarbechtsmarché virzebereeden.

Wien op de Site vun der ADEM geet, dee gesäit, dass eng ganz Panoplie u Mesuren ugebuede ginn, fir Mënschen am Chômage ze hëllefen. Déi eng Mesuré riichte sech u Leit, déi iwwer 30 oder iwwer 45 sinn, déi aner u méi Jonker, wéi zum Beispill d'Garantie pour la jeunesse. Et gëtt Stagen, Apprentissagen a finanziell Aiden, mat deenen och Entreprises incitéiert ginn, Chômeuren anzustellen a Virurteeler aus dem Wee ze schafen.

D'lescht Joer gouf als Reaktioun op d'Pandemie, déi den Aarbechtsmaart jo staark impaktéiert huet, den Trainingsprogramm FutureSkills lancéiert. Dëse Programm bereet d'Demandeurs d'emploi op eng Aarbechtswelt vir, déi sech an de leschte Méint zum Deel ganz staark verännert huet. Am Training gëtt sech dowéinst besonnesch op Kompetenze wéi Soft Skills an digital Kenntnissier fokusséiert.

Här President, jiddwereen huet e Recht op Aarbecht. Dowéinst gouf an de leschte Jore vill reforméiert, fir de Leit de Wee op den Aarbechtsmaart ze vereinfachen. Ech denken do zum Beispill un de REVIS. Wann een net genuch Sue fir ze liewen huet, da kann een de REVIS uferoen a kritt all Mount eng Allocation d'inclusion bezuelt, déi op Basis vum Type de ménage calculéiert gëtt. D'Konditioun ass, dass ee bei der ADEM ugemellt ass an aktiv no enger Aarbecht sicht. Huet een eng fonnt, da muss een d'Allocatioun, déi ee krut, lues a lues zrëckbezuelen. Et gëtt also kloer de Message vermittelt, dass de Chômage net déi besser Alternativ zur Aarbecht ass.

Wann ee géint de Chômage virgoe wëllt, da setzt een natierlech am beschte schonn an der Schoul un. De Minister Claude Meisch huet dofir och nei Initiativen an d'Weeër geleet, fir den Décrochage scolaire ze verhënnern an d'digital Kompetenzen ze verbessern.

Och fir de Mënsch mat Handicap gëtt et eng ganz Rei Mesuren. Op dëser Plaz wëll ech virun allem den Assiant à l'inclusion dans l'emploi ervirhiewen, deen 2019 vun der Ministesch Corinne Cahen geschaaft gouf, an och dat neit Accessibilitétsgesetz, dat mer jo haut nach wäerte stëmmen.

Béid Dispositiffe leeschten e wichtige Bäitrag, fir den Accès op den Aarbechtsmarché fir Mënsche mat Behënnerung ze erliichteren, deen een duerch eng barrièrefrei Ëmwelt an deen aneren duerch eng individuell Begleitung.

Här President, a fënnef Minutten ass et onméiglech, op all d'Mesuren anzegoen, déi en place sinn. Mee ech hoffen, dass ech daitlech gemaach hunn, dass scho ganz vill géint de Chômage ënnerholl gëtt. Wichteg ass et, de Laangzäitchômage op verschiddenen Niveauen unzegoen.

Fir de Chômage ze evitéieren, musse mir déi richteg Kompetenze vermëttelen an d'Aarbechtsëmfeld méiglechst accessibel maachen. A wann een awer an de Chômage sollt falen, da musse mir de Leit déi néideg Mëttel ginn, fir och nees aus dem Chômage erauszekommen.

Fir d'DP ass de Fazit ganz kloer: D'Beschäftigung ze fërderen ass méi sënnvoll, wéi de Chômage ze finanzéieren!

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hartmann. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, d'Coronakris, déi huet scho ganz weesentlech Auswirkungen op den Aarbechtsmaart gehat an huet och en déift Gefill vun Onsécherheet hannerlooss. A leider si mer do nach net iwwert de Bierg.

Mee mat all den Ënnerstützungsmoosnamen, déi d'Regierung geholl huet am Kader vun dëser Kris an de leschte Méint, ass e ganz groussen Effort vu Solidaritéit gemaach ginn, deen och richteg war, well déi solidaresch Politik, déi huet hir Friichte gedroen, wat de Chômage ugeet. De Chômage, dee louch am Oktober vun dësem Joer bei 5,54 % an ass domadder quasi op deem selwechten Niveau wéi virun 20 Méint, wou d'Kris nach net amgaangen war; Oktober 2019, Februar 2020 ware mer op engem änlechen Taux wéi deen, dee mer elo hunn. Et gesäit een also, dass déi Mesuren, déi geholl goufen, och gewierkt hunn.

D'Ekonomie zitt elo erëm un, méi séier wéi erwaart, mee natierlech muss ee mat deenen Zuelen hei awer nach vorsichteg sinn. Dëst ass ënner anerem d'Resultat eeben, wéi gesot, vun deene villen Hëllefen, déi an der Kris hei decidéiert goufen. Mee mat der Ekonomie, déi elo unzitt, ass dat ëmmer esou e spannenden Equiliber.

D'Regierung hat als Zil, keen op der Streck ze loossen. An dat wichtegst Instrument, fir dëst Zil ze erreechen, dat war natierlech d'Kuerzaarbecht, mee natierlech och d'Aféierung vum Congé pour raisons familiales, gradwéi och déi Hëllefen, déi fir d'Betriber zur Verfügung gestallt goufen, fir Léiermeedcher a Léierjongen ze engagéieren.

Laut de leschte Projektione vum Statec konnten duerch déi zwou éischtgenannten Hëllefsmoosnamen ongeféier 15.000 - 15.000! - Aarbechtsplaze gerett ginn. Mat dësen Hëllefen ass e formidabele finanziellen Effort geleeest ginn, dee mir als LSAP natierlech ausdrécklech ënnerstëtzen a mat an d'Weeër geleet hunn. Déi 15.000 Aarbechtsplazen, déi mer elo nach hunn, déi hätten natierlech de Chômagetaux an d'Luucht klamme gelooss op vill méi héich Zuelen, wéi dat haut de Fall ass.

Dir Dammen an Dir Hären, fir eis als LSAP bleift natierlech d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet eng vun de gréisste Prioritéiten. Duerfir mécht et eis och Suergen, och wann d'Chômagezuelen nees erofginn, dass d'Unzuel vun de Laangzäitaarbechtslosen tendenziell méi grouss gëtt.

Aus de leschten Zuele vun der ADEM vum Oktober 2021 geet ervir, dass 52 % vun deene Leit, déi bei der ADEM ageschriwwen sinn, sougenannte Laangzäitaarbechtsloser sinn. Dat heescht, dass si scho säit méi wéi zwielef Méint op der Sich no enger Aarbecht sinn.

Dat ass eng Evolutioun, där mer müssen entgéintsteieren. An de Marc Spautz huet et ganz richteg gesot: Dat betrëfft net nëmmen de Fait, dass de keng Aarbecht hues, mee dat betrëfft och d'Selbstwäertgefill, dat betrëfft déi mental Gesondheet, dat betrëfft dat Soziaalt an déi gesellschaftlech Bindung. An dat ass natierlech eppes, wou mer musse ganz gutt drop oppassen.

Déi Evolutioun, déi ech virun ugeschwat hunn, déi léisst sech awer sécherlech och op de Facteur vun der Kris zrëckféieren, well - an d'ADEM huet et och geschriwwen - am Coronajoer, do si weider net vill Leit agestallt ginn, d'Betriber hunn net rekrutéiert. An do ass et natierlech kloer, dass, wann et elo erëm unzitt, dann natierlech déi, déi als Éischt geholl ginn, déi sinn, déi net esou laang um Marché sinn.

Wonnerléisungen, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt et keng, fir hei géigenzesteieren. E Schlëselelement ass sécherlech d'Formation continue, dat ass och





schonn e puermol hei gesot ginn. Et gëtt sécherlech schonn eng Rëtsch Moossnamen a Beschäftigungsinitiative vun der ADEM, wéi zum Beispill déi, déi am Abrëll vum Aarbechtsminister am Kader vum Programm Digital Skills virgestallt goufen. Do ass Persounen, déi ufangs 2021 an der Kuerzaarbecht waren, ee Bong vu 500 Euro ugebuede ginn, fir dann eng Formation am digitale Beräich ze maachen. Esou pragmatesch an och konkret Hëllef, dat ass e gudder Wee, dee mer vill méi mussen goen an dat och da fir d'Laangzäitchômeuren.

Änlech ass och de Programm Future Skills ze verstoen: Hei solle 500 Chômeuren, déi bei der ADEM ageschriwwen sinn, ausgebild ginn, Upskiller, sougenannt Upskiller, vun deenen op d'mannst 30 % am Alter vun iwwer 45 Joer sinn.

Dat si Moossnamen, déi onbedéngt vill méi intensivéiert mussen ginn. Well wann een d'Profiler vun de Laangzäitchômeuren gesäit, dann hunn déi ganz oft eng oder e puer gemeinsam Charakteristiken: Déi sinn allegueren an engem gewëssenen Alter, si si gesondheetlech oft ageschränkt a si hunn och oft net deen néidege Qualifikationsniveau.

D'Pandemie, déi huet awer och gewisen, dass eis Gesellschaft a puncto Digitalisatioun - och wa mer haut e Projet gestëmmt hunn, deen dat besser mécht - awer nach zimmlech an de Kannerschong steet.

Eng aner Moosnam, déi mer begrëssen, dat ass déi vun de sougenannten EMlen, „nouveaux emplois d'insertion“, fir Laangzäitchômeuren, déi eebe grad Laangzäitchômeuren dozou solle bréngen, dass déi bei Secteurs conventionnés wéi Gemengen oder Établissement-publicke kënnen age stellt ginn, an da kritt den Employeur 100 % vun de Salaireskäschen do rembourséiert während enger Zäit.

Esou Kontrakter, déi sinn definitiv eng Méiglechkeet, fir Laangzäitchômeuren erëm eng Aarbecht ze ginn an hinnen natierlech och dat Selbstwäertgefill, déi sozial an déi gesellschaftlech Bindung erëm eng Kéier erëmginn.

Mir begrëssen, dass och gradesou ...

**(Coups de cloche de la présidence)**

... wéi fir 2021 - ech si gläich fäerdeg - am Budget 2022 erëm eng Kéier 400 Posten do geschaf ginn.

Et ass virdu gesot ginn: Aarbechtsbeschäftigungs-moossnamen, jo, CIGL an esou weider, och déi si ganz wichteg, weider ze ënnerstëtzen. Mee et gëtt och kleng Initiativen. Ech kennen do eng: Eis Epicerie zu Zolwer huet net Honnerte vu Mataarbechter, mee eng kleng Zuel. An awer ass et wichteg, och esou Initiative weider ze ënnerstëtzen.

Als LSAP wäerte mir eis och weiderhi fir d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosigkeit setzen an eis konsequent och hei genau op dësem Niveau setzen, well et ass d'Fundament vun eiser sozialer Gesellschaft, déi mer no vir wëllen driewen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engel. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Carlo Back (déi gréng).** - Här President, Kolleginnen a Kollegen, Här Minister, fir d'éischt emol e Merci un de Kolleg Marc Spautz fir dës Heur d'actualité zu dësem Sujet, engem Problem, dee sech wierklech elo ëmmer méi zouspëtz. Mee de Laangzäitchômage ass net onbedéngt een neie Phénomène hei zu Lëtzebuerg, en huet ëmmer nach bestanen. Mee wéi gesot, mat der Pandemie huet d'Situatioun sech weider zouspëtz.

Allgemeng kann een zwar soen, dass eisen Aarbechtsmarché gutt duerch déi sanitär Kris komm ass. Virun allem de Chômage partiel huet derfir gesuergt, dass d'Leit net masseweis hir Aarbecht verluer hunn. Mee fir déi Leit, déi no Aarbecht sichen, ass et méi schwéier ginn, eng ze fannen. An och elo, wou d'Zuel vun den oppene Plazen nees zouhëlt, sinn et virun allem déi, déi nach net esou laang no enger Aarbecht sichen, déi de Wee méi liicht zréck an d'Aarbecht fannen.

Mee vun alle Leit, déi bei der ADEM ageschriwwen sinn, maache Laangzäitchômeuren, wéi dat elo schonn erkläert gouf, mëttlerweile méi wéi d'Hallschent aus. Dat sinn 8.000 Mënschen! Dat sinn 8.000 Persounen!

De Profil vun de Laangzäitchômeuren ass dee vun enger Persoun, déi éischter manner Qualifikatioun besëtzt, méi al ass an och oft zousätzlech nach mat gesondheetleche Probleemer ze kämpfen huet.

Säit der Covidkris changéiert dës Situatioun awer, an et fanne sech och ëmmer méi Leit mat méi héije Qualifikatiounen ënnert de Laangzäitchômeuren erëm.

De Chômage, besonnesch wann e laang dauert, ass mat Käsche verbonnen: Käsche fir eis Wirtschaft, fir eis Économie, déi Aarbechtskräfte verléiert, Käsche fir d'Gesellschaft an de Sozialsystem, awer och Käsche fir deen Eenzelnen a seng Famill. Hei

denken ech u Situatiounen, wou e Papp oder eng Mamm als Elengverdenger vun enger Famill keng Aarbecht huet zënter iwwer engem Joer. Wat fir Auswirkungen huet esou eng Situatioun op hir Familljen, op d'Gesondheet vun där Persoun?

Dir gesitt, de Kampf géint de Chômage ass och e Kampf géint Aarmut a sozial Exklusiv. Dofir gett et och scho säit Längerem verstärkt Ustrengeungesäitens der ADEM, fir Laangzäitchômeuren op hirem Wee zréck op den Aarbechtsmaart ze ënnerstëtzen.

Mir müssen eis awer d'Fro stellen, ob déi aktuell Programmer a Mesuren duer ginn. Den Aarbechtsmarché ass ganz ëmkämpft, an et bleift besonnesch fir déi Laangzäitchômeuren, déi och nach mat gesondheetleche Probleemer ze kämpfen hunn oder en Handicap hunn, ganz schwéier, d'Patronen ze iwwerzeegen, hinnen eng Chance ze ginn.

D'Capacitéit vun der ADEM goufe scho staark ausgebaut. Mee mir sollten net zécken, hei weider Moyenen ze mobiliséieren, fir den individuelle Suivi vun de Laangzäitchômeuren ze verbessern. Eis erschénkt et wichteg, de gesamte Katalog u Mesurë vun der ADEM, awer och d'Programmer, déi vu Ministère ënnerstëtzt ginn, vu béide Ministère - ech denken hei och un d'Éducation -, déi Initiatives sociales, eng Kéier op de Leescht ze huelen.

Wou kann d'Zesummespill vun dësen ënnerschiedleche Mesuren nach verbessert ginn? Passe se op de Profil vun de Laangzäitchômeuren? Wou feelt et nach un Offeren? Wéi kënnen mir en Iwwergang vu Beschäftigungsinitiativen an den éischten Aarbechtsmaart verbessern?

All dat muss zesumme mat den Experten an de Sozialpartner analyséiert ginn; eng Evaluatioun vum Besteeënde mat Recommandatiounen fir d'Zukunft.

D'Preventioun, fir net an de Chômage ze kommen, spillt awer och eng ganz wichteg Roll. An dofir ënnerstëtze mir och voll d'Approche vun enger „National Skills Strategy“. Besonnesch d'Formation continue kann de Salariéen hëllefen, mat de schnellen Entwécklungen vun haut Schratt ze halen. Fir d'Kompetenzen um Aarbechtsmarché weiderzeentwëckelen, sinn all Acteuren gefuerdert, well mir mussen sécherstellen, dass esou nei Formatiounen och bei deenen ukommen, déi et am meeschte brauchen.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Back. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir unzefänken en härezeleche Merci dem Här Marc Spautz fir dës Aktualitéitsstonn. Obschonn d'offiziell Zuel vun de Chômeuren laut Oktober 2021 am Abléck mat 15.417 Leit daitlech ënnert dem Niveau läit vu virun engem Joer - dat ass e Minus vu 14,2 % -, bleift de Problem vun der Laangzäitaarbechtslosigkeit akut.

D'Zuel vun de Mënschen, déi säit méi wéi zwielef Méint bei der ADEM ageschriwwen sinn, läit bei 7.955. Dat sinn der zwar 9,2 % manner wéi am selwechten Zäitraum 2020, mee déi Zuel weist och, dass d'Laangzäitchômeuren d'Majoritéit vun de Chômeuren ausmaachen. D'Zuel vun de Mënschen, déi säit méi wéi zwielef Méint inaktiv sinn, déi also weeder geschaff hunn nach an enger Beschäftigungsmoosnam waren, läit bei 5.870.

Am Abrëll 2019 ware 40,98 % vun de Chômeuren Laangzäitaarbechtsloser, am Abrëll 2020 waren et 42,95 %. Am Juni dës Joer waren et déi éischte Kéier iwwer 50 % Laangzäitaarbechtsloser. Et gesäit een, wouhin den Trend lues a lues geet.

Laangzäitaarbechtslosigkeit ass e Cercle vicieux. Grad ewéi een ëmmer méi schwéier aus der Drogenzeen erauskënn, jee länger een dran ass, esou gëtt et leider och ëmmer méi schwéier, aus der Laangzäitaarbechtslosigkeit erauszekommen, jee länger een dran ass.

Wat ass de Profil vun deene Leit? Majoritär sinn et Leit iwwer 45 Joer, déi aus gesondheetleche Grënn hiren traditionelle Beruff net méi ausüben kënnen. Einzel Mënschen haten och e Burnout an d'fir hate si gekënnegt. Meeschtens sinn et awer Mënsche mat niddreger Qualifikatioun, déi haart kierperlech Aarbechte maachen, zum Beispill Mënschen, déi um Bau schaffen. Wann dës Mënsche Probleemer mat hirem Réck oder hirem Knéi kréien, mussen se dacks eng nei Aarbecht sichen.

Derbäi komme Mënsche mat limitéierter Aarbechtsfähigkeit bezéiungsweis Mënsche mat engem Handicap. Grad fir dës Leit ass et schwéier, aus der Laangzäitaarbechtslosigkeit erauszekommen, well dacks ganz onrealistesche Fuerderungen u si gestallt ginn. Laangzäitaarbechtsloser hu schonn an normalen Zäite méi Probleemer, eng nei Plaz ze fanne wéi aner Leit. Duerch d'Coronakris ass dës ganz sécher nach e bësse méi schwéier gi fir dës Mënschen. Si hunn och méi Probleemer, Onlineformatiounen ze maachen. Bei de Berufsgruppe sinn haaptsächlech den Horeca-, den Event- an den En-

zelhandelssektor betraff wéi och de Bausektor. D'fir schwätze mir eis och ganz kloer géint Mesuren aus, déi dës Berufsgruppen nach zousätzlech belasteschen.

Ech wëll awer hei eng Klammer opmaachen: Et muss een och wëssen, an dësem digitalen Zäitalter, an deem mer liewen, dass mer do d'Leit net all mat op dee Wee kréien! Dat ass onméiglech! An ech mengen, och doriwwer misste mer eis eng Kéier Gedanke maachen, dass mer och eng Partie Aarbechtsplaz fir déi Leit reservéieren, déi aus deem Milieu net erauskommen, an dass mer och Plazen hu fir déi Leit, déi net dem digitalen Zäitalter gewuess sinn. Ech mengen, do läit och en Denkfehler, dee mir all heibanne maachen. Och doriwwer sollte mer eis emol eng Kéier Gedanke maachen.

Erwäne wëll ech awer och nach e puer Fuerderungen aus eise Walprogramm vun 2018:

De Kampf géint d'Aarbechtslosigkeit fänkt schonn u bei der Schoul, der Ausbildung an der Orientierung. Duerno ass et un der Weiterbildung, fir d'Qualifikatioun vun den Aarbechtslosen an d'Ufuerderungen vun de Betriber méi no beineen ze bréngen. Wann Aussicht op Erfolleg ass, soll d'ADEM och Ausbildung matfinanzéieren, déi méi laang daueren: d'Schoul vun der zweeter Chance, Coursen an der Informatik, Ausbildung an der Fleeg an am Gesondheitssektor.

Leit, déi méi al wéi 45 Joer sinn an doduerjer méi schwéier ze vermëttelen sinn, mussen vun der ADEM gezielt gehollef kréien: spezifesch Formatiounen. D'fir missten och bei der ADEM eenzel Placeure schaffen, déi sech eleng ëm déi Punkte bekëmmen.

D'ADR ass sech bewusst, dass et och bei allen Ustrengeungen weiderhin eng Rei vu Leit gëtt, déi aus verschiddenen Urachen net oder nëmme ganz schwéier kënnen um éischten Aarbechtsmaart ageklidd ginn. Fir dës Leit sollen, no engem Bilan vun hire Kompetenzen, eventuell zesumme mat den zoustännegen Instanzen, zum Beispill dem REVIS, aner Servicier oder Institutiounen de Relais iwwerhuelen, dat ganz besonnesch, fir déi dann um drëtten Aarbechtsmaart ze placéieren.

Zum Schluss erlaabt mer nach vläicht, ee ganz kleng Problem unzeschwätzen. Et ass kloer, dass et bei all Gesetz - oder bal bei all Gesetz - eenzel Abuse ginn. An esou ass et och an dësem Beräich. An et wär flott, wa mer all déi Leit géifen erausplécken, déi mat villen Tricke schaffen, fir sech laanscht d'Aarbecht ze drécken, an déi dann och e schlecht Licht op déi aner 99 Prozent do geheien. An do wier och all méiglech Ustrengeung sënnvoll, fir dat ze verhënnern.

Dat gesot, Dir Dammen, Dir Hären, soen ech lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Engelen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Merci. Här President, de Chômage huet eis iwwert déi lescht zwee Joer beschäftigt, well zu Recht gefaart ginn ass, dass d'Pandemie an de Shutdown vu ville gesellschaftlechen a wirtschaftlechen Aktivitéiten zum Verloscht vun Aarbechtsplaz geife féieren. Dat war och de Fall an huet während där Zäit virun allem scho méi prekär Salariéen an och Independantë betraff, déi hiren CDD net erneiert kritt hunn, als Interim geschafft hunn oder einfach keng Optrag méi kritt hunn.

Mir stellen awer haut fest, dass de Chômage insgesamt no engem Peak vu 7 % am Fréijoer 2020 erëm dohinner zréckgaangen ass, wou e virun der Pandemie war. Mir gesinn awer och, dass dee Wäert iwwert déi lescht Joren, onofhängeg vun den Effekter vun der Pandemie, ganz héich ass, an elo, wou den allgemenge Chômagetax erëm erofgaangen ass, souguer weider eropgaangen ass. An dat ass de Laangzäitchômage!

Dofir fanne mir et och wichteg, dass mir haut hei doriwwer schwätzen. E grouse Merci!

Am Februar 2020 ware 16.600 Leit am Chômage. D'vun waren der 7.200 schonn zwielef Méint a méi ageschriwwen, dat sinn 43 %. 5.100 ware scho säit méi wéi zwielef Méint berufflech net méi aktiv. Am leschte Bulletin vun der ADEM si 15.500 Leit am Chômage, dovun 8.000 scho méi wéi zwielef Méint, also knapp 52 %.

Och d'Zuel vun de Leit, déi säit iwwer zwielef Méint kenger bezuelter Aarbecht méi nogaange sinn, läit elo bei 5.900. Dës Zuele verstoppen awer vill, well déi Leit, déi ab der Reform vun RMG/REVIS beim ONIS an net bei der ADEM ageschriwwen sinn, feelen hei! D'Leit an de Mesuren, déi ganz oft iwwer Joren tëschent Mesure a Chômage hin- an hierpendele müssen, feelen och zum Deel. Leit, déi eng Deelzäitaarbecht hunn a voll schaffe wëllen, sinn och net hei abegraff. A vill anerer méi.

Dës weist eis, dass bei der Reprise vun der Économie a vum Emploi iwwert déi lescht Méint Deeler vun de Leit op der Sich no enger Aarbecht vergiess gi sinn. Mir reien eis zu Lëtzebuerg do an eng Entwécklung an, déi et och an eisen Nopeschlänner gëtt: An Däitschland mat 42 % an a Frankräich mat och iwwer 50 %, erreicht den Undeel vum Laangzäitchômage nei traureg Rekorder.

Betraff sinn och zu Lëtzebuerg Leit, déi entweder keng schoulesch Ausbildung oder keen Diplom ofgeschloss hunn oder e gewëssenen Alter iwwerschratt hunn an entweder den Ufuerderungen, déi stänneg a méi séier changéieren, net méi esou gutt gerecht kënnen ginn oder ganz einfach duerch nei a méi bëlleg Salariéen ersat ginn. Derbäi kommen och vill Leit mat Handicap. Säit Ausbroch vun der Pandemie sinn awer och méi Héichqualifizierter méi nennenswäert vum Laangzäitchômage betraff.

Wat sinn also dës Grënn vun deem Laangzäitchômage?

An éischter Linn déi neoliberal Approche, déi d'Grënn fir de Chômage a sozial Probleemer un der Persoun festmécht an net enger ekonomescher Entwécklung, déi guer net zum Zil huet, all Mënsch eng anstänneg Aarbecht zur Verfügung ze stellen!

Zweetens déi dorunner net ugepasste Mesurë ronderëm d'Réinsertion professionnelle oder d'Inclusion sociale, wou Leit wéi de Bällchen am Pingpong tëschent ONIS an ADEM an Tëschestrukturen iwwer Formatiounen, Stagen, prekär Kontrakter a Mesuren hin- an hiergespillt ginn an nëmme seelen en Ausbroch doraus packen.

Drëtens d'Schoul, déi ëmmer méi jonk Leit ervirbréngt, déi keen Ofschloss méi hunn, schlecht orientéiert gi sinn, keng Perspektiv op eng Léierplaz hunn a soumat aus der Schoul eraus an d'Onsécherheet, an d'Prekaritéit rëtschen, ouni Chômage a REVIS a mat wéineg Chance, eng Kéier eng stabel Aarbechtssituatioun ze fannen.

Véiertens de Manktem bei de Weiterbildungs- an Ëbildungsméiglechkeeten fir Leit, déi müssen oder wëllen hir Aarbecht wiesselen, eng Realitéit, déi haut mat der séierer Evolutioun vun den Aarbechten an Ufuerderungen u Spezialisierungen an technischem Wësse vill méi wichteg ginn ass.

Här President, dem Laangzäitchômage kann een net mat classeschen orthodoxe Rezepten Meeschter ginn! Et kann een net drop hoffen, dass en héije Wirtschaftswuesstum d'Schafung vun ëmmer méi Aarbechtsplazen ervirbréngt, wouduerch de Chômage gréisstendeels géif verschwannen.

Natierlech muss an der Bildungspolitik ugesat ginn! Fir ze verhënnern, dass déi sozial Inegalitéit weider schoulesch Inegalitéit schafen, muss d'Schoul sech d'Moyene ginn, fir d'Chancëgläichheet ze erméiglechen. Déi geet just mat engem inklusiven Interrecht, deen op Teemaarbecht berout amplaz op Individualisierung a Kompetitioun.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Dat geet och just, wann d'Schüler genuch Informatiounen a Wësse konnte sammelen, fir selwer kënnen matzeentscheeden, wéi si sech schoulesch a berufflech orientéieren wëllen.

D'Evaluatioun um REVIS, déi elo soll gemaach ginn, muss och der Problematik vum Laangzäitchômage Rechnung droen, besonnesch well de REVIS jo zum Zil soll hunn, déi sougenannten Inclusion sociale an d'Réinsertion professionnelle ze verbessern.

D'Verlängerung vun der Indemnisation vum Chômage op 24 statt wéi haut op 12 Méint ass fir eis och eng Méiglechkeet fir ze verhënnern, dass Leit, déi sech méi schwéierdinn, eng Aarbecht ze fannen, net esou séier an de REVIS rëtschen an domadder och weider Deeler vun hirem Révenu verléieren.

Mee mir mussen virun allem deem Rechnung droen, dass de Marché ni jidderengem wäert eng Aarbecht ginn. De Staat kann a muss an eisen Aen an déi Bresch sprangen. Vill elementar Aarbechten, déi als konstruktiv fir eist Zesummeliewe wouergeholl ginn an enger zivilisierter a solidarescher Gesellschaft, ginn ongenügend gemaach.

Mir hu während der Pandemie, a besonnesch am Confinement, verschidde vun dësen Aarbechten erlieft an appreciéiert. Mee et geet doriwwer eraus, zum Beispill am Ëmgang mat ekologeschen Urgenzen, wou sënnvoll Aarbechten entstoe missten. Iwwer esou e Programm, dee mir als staatlech Jobgarantie bezeichnen, kéint d'Recht op eng Aarbecht am Kader vun engem sozialekologeschen Ëmbau vun eise Zesummeliewen zu enger realistischer Zilsetzung ginn.

Här President, erlaabt mer, elo wierklech hei zum Schluss nach vun engem flotte Projet, deen den Här Georges Engel schonn ugedeit huet, ze erzielen. Ech weess, datt et och nach vill anerer gëtt, mee hei gesäit een, wann d'Regierung deem e Kader gëtt mat engem SIS-Gesetz a wann d'Gemeng - an dësem Fall d'Gemeng Suessem - ganz susceptibel op deem doten Thema ass an e Lokal mat engem abordabele Loyer zur Verfügung stellt souwéi e Pre-





finanzement à taux zéro mat engem ganz flexibele Réckbezuelformus, nom Motto: „Wa méi an d'Keess kënn, gëtt méi bezuelt; wann näischt an d'Keess kënn, da gëtt et op den nächste Mount opgeschoben“, ... D'Schold gëtt wuelverstanen awer ganz zrëckbezuelt. Et muss een och wëssen, datt all Gewënn nees zrëck an dës Gesellschaft fléisst. Kooperatiounen däreerf méi wéi eng Part kafen, mee si hu leider näischt dovun. Doduerch ass e flotte Solidarwirtschaftsprojert entstanen, nämlech „Eis Epicerie Zolwer“ an „Eis Brasserie Boulodrome Metzlerlach“, wou mëttlerweile, nieft dräi Employéen an engem Student, 13 EMI-Mesurë vun der ADEM a 27 TUC-Mesuren ...

#### **(Coups de cloche de la présidence)**

... vun ONIS/REVIS mat 2 Service-volontairë schafen.

Ech si gläich fäerdeg.

Déi Persoun se fir, nees all Dag kënnen opgestoen, engem gereegelten Job nozegoen, ...

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Madamm Cecchetti, Dir musst zum Schluss kommen, Dir hutt ...

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.- Ech sinn um Schluss. Ech hu jo gesot, ech sinn um Schluss, ech sinn a mengem leschte Saz.

... eppes Sënnvolles fir d'Gesellschaft ze leeschten. Si fille sech nees gebraucht a valoriséiert. A wat gëtt et nach Besseres wéi dat? 13 verschidden Nationalitéite schaffen en plus do zesummen! Dofir, léif Deputéierten, déi och an enger Gemeng zoustänneg sinn, wannechgelift, kommt lech de Projet ukucken, hutt de Courage a maacht et! Dann hutt Der eppes derfir gemaach, fir de Laangzäitchômage aus der ... net aus der Welt ze schafen, awer fir deene Leit wirklech ...

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Cecchetti.

#### **(Hilarité)**

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.-... e bessert Liewen ze ginn!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech versprechen lech, ech maachen hei elo keng Suessemer Gemengepolitik. Ech wäert mech hidden, hei Appeller ze maachen, déi iwwert dat erausginn, wat mer an der Heure d'actualité uschwätzen.

Fir d'éischt wëll ech awer dem Marc Spautz Merci soen, fir dës Heure d'actualité ugefrot ze hunn, well wann iwwer 50 % vun de Chômeuren, déi hei am Land wunnen, Laangzäitchômeure sinn, wann ee weess, wéi vill Leit am Chômage eng Formation d'ordre supérieur opzeweisen hunn, wann ee gesäit, wéi vill oppe Plazen et gëtt a wann een héiert, wéi vill Betriber anscheinend keng gutt Leit méi fannen, da weess een: Hei muss eppes geschéien!

Hannert dëser Zuel vu bal 52 % stieche vill Einzelchicksaler. Et si Jonker, déi d'Schoul ofgebrach hunn oder och d'Schoul ofgeschloss hunn an a Covidzäiten einfach manner Chancen um Aarbechtsmaart hunn. Et si BPlen. Et sinn och Leit, déi Joerzëngten u Berufserfarung hunn an déi awer manner gär vun de Patronen agestallt ginn, obwuel et duerfir net onbedéngt e Grond gëtt a se ganz heefeg gesot kréien, se wäeren iwwerqualifizéiert. An et sinn och Persounen, déi ënner gesondheetleche Probleemer, mental wéi psychesch, physesch leiden.

Leit mat engem Statut Handicap oder Capacité de travail réduite kréien nëmme ganz seelen eng Plaz um éischten Aarbechtsmaart.

Mir Piraten fuerderen nach ëmmer, datt de Staat déi Patronen, déi dat offréieren, méi muss ënnerstëtzen, déi, déi eng Persoun mat Handicap astellen; datt de Statut de travailleurs handicapé muss iwwerschaft ginn; an datt d'Quoten an d'Hëllef fir d'Patrone mussen iwwerschaft ginn. An och de Staat muss do mat guddem Beispill virgoen!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Thema Laangzäitchômage muss een och soen, datt net jiddereen, deen eng Plaz sicht, och bei der ADEM ageschriwwen ass. Vill Jonker denken no der Schoul net onbedéngt als Éischt drun, sech bei der ADEM anzeschreiwen oder melle sech net un, well se sech soen: „Wat ass mäi Benefiss? Ech hu jo mäin Diplom an der Täsche. Ech sinn ze jonk, fir REVIS ze kréien. Wat bréngt et mer?“ An och Elteren, déi doheembliwwen sinn, fir no de Kanner ze kucken, denken net onbedéngt drun, fir sech duerno erëm bei der ADEM unzemellen.

Ech kann hinne vun dëser Plaz aus just roden: Maacht et! Mellt lech un! Gitt bei d'ADEM, fir vun deem Encadrement, deen et do gëtt, ze profitéieren! Zum Beispill, wann ee Froen huet als Jonken, wéi ee soll am beschte säi CV opsetzen, oder och als manner Jonken, wann ee Froen a puncto Aarbechtsverträge a Weiterbildungungen huet: Profitéiert vun deenen Offeren, déi et gëtt, och wa se mir net ëmmer wäit genuch ginn!

Op dëser Plaz muss ech nämlech och soen, datt d'ADEM, esou gutt verschidde Conseillereen a Placieren och schaffen, dach eng déck Schëpp muss bäileën.

Mir wollten als Piraten de leschte Mount e Jonken an enger Mesure astellen. E puer Deeg iert de Jong sollt bei eis ufänken, et war u sech alles an der Rei, kounn dunn e Brëif, datt hien e Rendez-vous verpasst hätt. Eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter hunn du probéiert erauszefannen, wat do derhannert géif stiechen. Hie seet, en hätt kee Brëif kritt. D'ADEM seet, se hätt e Brëif fortgeschéckt.

Bref, dofir gëtt et Prozeduren. Ech hunn och kee Problem domadder, datt et déi Prozedure gëtt. Ech hunn awer e Problem domadder, wéi laang déi Prozeduren daueren. Well, wéi en du säi Recours ageerecht huet, du krut en e Brëif zrëck, datt et wéinst ville Recoursen - an dat weist jo, datt et och e strukturelle Problem gëtt - am Moment zwëschen zwee an dräi - net Wochen - Méint géif daueren, bis eng Decisioun géif falen. An da kéint et nach eng Kéier bis zu engem Mount zousätzlech daueren, bis d'Sekretariat d'Entscheidung géif matdeelen.

Dat heescht, hei gëtt et Leit, déi potenziell - zu Onrecht! - hir Indemnité de chômage gestoppt kréien, déi eventuell - zu Onrecht! - net eligibel si fir eng Moosnam, déi kënne bis zu véier Méint um Drëchne setzen. Esou Delaie sinn an eisen Aen absolutt inakzeptabel.

Et kann net sinn, datt ee véier Méint muss waarden op eng Decisioun an esou engem Recours, ganz dovun ofgesinn, datt déi Leit, déi esou e Recours kéinten aleen, oft net wëssen, wéi dat geet an Hëllef beim Opsetze vum Brëif brauchen. Hei mussen also dréngend Verbesserungen hier. D'Commission spéciale muss sech méi wéi ee- bis zweemol de Mount gesinn oder d'Unzuel u Membere muss an d'Luucht goen!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e Liewen ouni Aarbecht ass e ganz schwieregt Liewen. An duerfir muss mer alles drusetzen, fir Leit, déi Laangzäitchômeur sinn, um Aarbechtsmaart ze integréieren. Ouni Aarbecht ass een oft manner gutt sozial integréiert, well ee kee gereegelten Alldag huet a virun allem keng Aarbechtskollege gesäit, an et felt hannen a vir u Suen.

De System, dee mer am Moment hunn, ass bei Wäitem net perfekt an et ass nach vill Verbesserungspotenzial do. Mir kënnen als Staat e Virreiderôle iwwerhuelen. Mir kënnen als Staat derfir suergen, datt dat, wat mer vun de Privatpatrone verlaangen, och bei eis ëmgesat gëtt, datt mir eeben och als Staat Laangzäitchômeuren eng Chance bidden.

Här President - ech si méi séier wéi sechs Minutten -, ech hoffen, datt dës Debatt genotzt gëtt, fir datt mer déi wichteg a richtig Schrëtt huelen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier an Aarbechtsminister, den Här Dan Kersch.

#### **Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire***.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt emol wéilt ech de Kollege vun der CSV an dem Här Marc Spautz e ganz grouse Merci soen, dass en d'Initiativ geholl huet, fir dës Heure d'actualité ze organiséieren. An ech mengen och, dass den Zäitpunkt dee richtege war, fir dat ze maachen an enger Zäit, wou et net einfach ass, dat wësse mer, a wou virun allem déi, déi vu Chômage a vu Laangzäitchômage am Spezielle betraff sinn, et nach vill méi schwéier hunn.

Ech wëll och de Virriedner Merci soen, well et zum Deel erausgeklongen ass a verschidde Beiträg, dass scho ganz grouss Efforte gemaach ginn, vun der Regierung, vun der ADEM notament, fir eeben hei entgéintzewierken. An et ass och zu Recht drop higewise ginn, dass et net d'ADEM ass, déi d'Aarbechtsplaze schaaft, mee dass dat nach ëmmer d'Ekonomie ass an dass mer natierlech och do aner Usätz mussen fanne wéi just, soen ech emol ënner Führungszeichen, d'„Aarbechtslosegkeet ze verwalten“. Et mussen also aner Usazpunkte fonnt ginn. Och doriwwer schéngt mer Eenegkeet ze bestoen.

Duerch déi ganz breet ugeluechten - kann een awer, mengen ech, soen - Mesuren, déi d'Regierung am Kader vun der Kris geholl huet, fir de Betriber an och de Salariéen, déi an deene Betriber schaffen, ze hëllefen, awer och deene Leit, déi am Chômage sinn, ass et eis, mengen ech, an der Tëschenzäit gelongen, de Chômagetaux erëm op deen Niveau erofzedrécken, wéi mer e virun der Kris haten.

Domadder sinn awer selbstverständlech net all d'Problemer geléist, well och scho virun der Kris war de Chômagetaux héich, an a mengen Aen ze héich.

Ech wëll awer trotzdeem betounen, dass, wann eis dat gelongen ass, de Chômagetaux erëm dohinner ze bréngen, wou e virun der Kris war, dass dat keng Selbstverständlecheit war. Et ass och net vum selwe komm. Mee et ass wirklech duerch e proaktiivt Schaffen, eng proaktiv Bekämpfung vum Chômage méiglech gewiescht, dass mer zu deene Chifferen do komm sinn, a selbstverständlech och duerch d'Ekonomie, déi duerch déi vill Mesuren, déi mer geholl hunn, net esou beschiedegt ginn ass, wéi dat am Ausland de Fall war.

Ech wëll awer och vun der Geleeënheet profitéieren, fir ganz speziell de Mataarbechter vun der ADEM Merci ze soen, déi an dësen Zäite vill, vill Stonne verbruecht hunn, net nëmmen am Kader vum Chômage partiel, dee vill Aarbechtsstonne gebonnen huet, mee eeben och an der Betriengung vun deene Leit, déi bei der ADEM uklappen, fir eng Aarbecht ze fannen. Och an deem Beräich ass ganz villes a ganz Grousses geleescht ginn. An duerfir mäi Merci un d'Mataarbechter vun der ADEM.

Et ass virdrun och schonn hei ugeklongen: D'Kris huet vill Leit getraff, mee se huet d'Leit net d'nämlecht getraff. An déi, déi am meeschte leiden, dat waren déi, déi och scho virdu schlecht dru waren. An zu deene gehéiere selbstverständlech och déi Leit, iwwert déi mer hei schwätzen, nämlech d'Laangzäitchômeuren.

Als Laangzäitchômeuren, muss ee soen, ginn déi Leit benannt oder definéiert, déi méi wéi ee Joer am Chômage sinn. Duerfir ass et och eng Kéier interessant, awer e bëssen an d'Geschicht ze kucken. Bis 2009 hate mer eng Inzidenz vun Laangzäitchômage, Chômage longue durée vu ronn 35 %. Ënner Inzidenz verstinn ech also den Undeel, de Prozentsaz vun de Laangzäitchômeuren um gesamte Chômage. Dat huet sech 2009 e bëssen an d'Luucht gedréckt, vu 35 % op 40 %. An zënter 2009, wou mer eng Rezessioun haten, ass en op 40% eropgaangen; zënterhier hu mer eis bei dem Prozentsaz stabiliséiert.

An dunn ass de Schock vun 2020 komm: D'Sanitärkris huet de Chômage quasi explodéiere gelooss. An déi Explosioun ass net onbedéngt - an dat ass ganz wichteg an dësem Kontext - doduerjer komm, dass extreem vill Leit zousätzlech an de Chômage komm sinn. Mee si ass doduerjer komm, dass mer et vill méi schwéier fäerdegruecht hunn, fir Leit erëm op den Aarbechtsmarché ze bréngen. Dat heescht, déi Leit, déi ageschriwwen waren, si vill méi laang ageschriwwen, wéi dat üblicherweise de Fall war.

Zanter dem Summer spiere mer eng Reprise vum Marché, an dat ass och gutt esou. Allerdéngs stelle mer fest, dass d'Sortië am Chômage eeben net nom Prinzip fonctionéieren „first in, first out“, mee dass se éischer nom Prinzip fonctionéieren „last in, first out“. An dat ass e Problem, dee mer scho méi laang mat eis schleefen an deem mer eis ganz spezifesch mussen widmen. An den Här Spautz hat dat och schonn ugedeit: Déi Leit hunn eng schlecht Renommee, wa se esou laang am Chômage waren, an déi Renommee ass meeschtens total onverdéngt an total feel op der Plaz. Dat ännert awer näischt um Fait, dass et oft esou ass.

Dat heescht also och, wann ech dat elo hei esou etabléieren, datt déi Leit, déi kuerz virun der Pandemie an de Chômage komm sinn, et extreem schwéier hunn:

Éischstens, well de Marché laang Zäit keng Leit méi engagéiert huet a well e se duerch hir laang Zäit am Chômage - an ech hunn et virdu gesot - eeben als manner interessant uerkennt.

Ausserdeem, duerch den einfache Fait, dass den Aarbechtsmarché quasi zou war, hunn dës Leit natierlech ganz séier an déi Definitionen eragepasst vum Laangzäitchômeur, wat virdrun eeben aneschtens war. Ech hat dat scho probéiert ze etabléieren.

Mir stelle fest, dass d'Unzuel u Laangzäitchômeuren zwar erofgeet, mee - an dat ass wichteg - se geet méi lues erof wéi d'Zuel vun deenen anere Chômeuren. A well se méi lues erofgeet, klëmmt selbstverständlech och de Prozentsaz vun hinnen um gesamte Chômage; dat ass eng vun den Erklärungen.

Trotzdeem ass d'Analys vun de Statistike relativ wichteg, well se awer verschidde Spezifisitéiten opweist: 54 % vun de Laangzäitchômeuren hunn e Schoulofloss, deen net méi héich ass wéi de Secondaire inférieure. Dëse Prozentsaz läit bei 34 % beim Rescht vun de Chômeuren. 56 % vun de Laangzäitchômeure si méi al wéi 45 Joer. Dës Kategorie vu Leit zeechent sech awer och aus duerch gesondheetlech Probleemer, quasi een Drëttel vun hinnen hu mer haut am Statut salarié handicapé respektiv am Reclasse externe. Bei deenen anere Chômeure sinn dat just 5 %. Do gesäit een direkt d'Ënnerscheeder, déi engem direkt an d'A sprangen.

D'Formationen - an ech ginn net midd, et ëmmer erëm ze widderhuelen - si sécherlech och de Wee, fir d'Leit an d'Aarbecht ze kréien. A mir maachen och ganz vill, wat d'Formationen ugeet. Als ADEM,

awer och op anere Plazen, gëtt an der Tëschenzäit zu Lëtzebuerg ganz vill am Beräich vun der Formation continue geleescht. Och dat sollt een net ver-giesen.

Allerdéngs wësse mer allegueren heibannen: Wann een eng Zäitchen aus der Schoul eraus ass, da gëtt et ëmmer erëm méi schwéier, fir sech an eng Formation eranzebeginnen, an net nëmmen an d'Formation eranzegoen, mee och eppes matzehuelen aus där Formation. Och dat ass e Problem, deem mer eis zounemend mussen widmen. Dovu sinn ech iwwerzeegt.

Ech géif behaupten, dass mer wirklech eist Beschtaachen, fir all Persoun, déi eng Aarbecht sicht, duerch flott Formatiounsmodeller déi néideg Kompetenz mat op de Wee ze ginn. An dat sinn, ech betounen dat, ganz individualiséiert Formatiounsangeboder, déi mer do maachen, heiansdo schonn, kann ee soen, moossgeschnidert op déi individuell Faillen, awer och op déi individuell Bedierfnesser an heiansdo och souguer op déi individuell Wënsch vun de Kandidaten.

D'Formation continue hëlt also e ganz besonesche Stelleväert an der Aarbecht vun der ADEM an. Dat verhënnert awer net, dass een natierlech och muss e Bléck op d'Ausbildung an de Betriber werfen, well och déi extreem wichteg ass. Eng Persoun, déi gutt forméiert ass, ka sécherlech éischer eng Plaz am Reclassement interne kréie wéi eng, déi iwwerhaupt net gutt ausgebilt ass. Och dat ass wichteg an där ganzer Diskussioun, well mer awer zounemend konfrontéiert gi mat enger grousser Zuel vu Leit, déi entweder an de Reclassement interne oder an de Reclassement externe kommen.

Ech wollt lech déi Zuel eng Kéier hei nennen, dann erféiert Der mat Sécherheet: Mir ginn dervun aus, dass et 500 bis 600 Dossieren am Mount sinn, déi hei mussen traitéiert ginn a wou eng Entscheidung muss geholl ginn, ob et da Reclassement interne oder externe gëtt. Dat ass eng enorm Zuel, déi op där anerer Säit awer och drop hiweist, dass mer och Problemer an de Betriber hunn, fir déi Leit dann och do ze halen. Dat an enger Situatioun - och dat ass virdrun hei ugeklongen -, wou d'Betriber awer soen, dass se Problemer hunn, fir Mains-d'œuvre ze fannen, ëmsou méi wichteg gëtt et, mengen ech, an engem duebelen Interêt souwuel fir dee Betraffenen, awer och fir de Betrib, dass mer zounemend Moosnamen ergräifen, fir dass et méiglech gëtt, dass déi Leit, och wa se e Gesondheetsproblem hunn, kënnen am Betrib bleiwen.

Ech mengen, dat sinn déi Usätz, vun deene mer scho vill geschwat hunn. Och an der Kommissioun si mer schonn déi eng oder aner Kéier drop agaangen.

Ech wëll nach vläicht soen, dass ech elo, entweder direkt oder bei der Diskussioun iwwert d'Motiounen, nach vläicht kann e puer Informatiounen ginn. Et ass vläicht besser, wa mer dat maachen, wa mer iwwert d'Motiounen diskutéieren, well do, mengen ech, déi eng oder aner Informatioun fir lech awer nach ganz wichteg kéint sinn.

Fir de Rescht soen ech Merci fir d'Nolauschteren an hoffen, dass mer gemeinsam Approchë fannen, fir Léisunge fir déi Leit ze sichen. Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Aarbechtsminister, dem Här Dan Kersch.

#### **Motions**

Da kéime mer zu deenen zwou Motiounen.

#### **Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, wou et drëm geet, fir de Laangzäitchômeure cibléiert Mesuren unzebidden, notament wat d'Formation an d'Weiterbildung ubelaangt. Wie wëllt d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel (*LSAP*)**.- Jo, merci, Här President. Ech maachen et ganz kuerz. Déi Motioun hei ass eis ganz sympathesch. Mat engem Zousaz kéinte mer se och matstëmmen, dat, wa mer als leschte Considerant géife schreiwen « considérant les efforts réalisés par l'ADEM ». Den Här Spautz huet et selwer a senger Ried gesot. Ech mengen, et dierft also duerfir och kee Problem sinn, fir deen do Zousaz ze maachen. An da kann een natierlech ëmmer soen « à œuvre pour une meilleure prise en charge », jo, dat ass richtig: « une meilleure », gutt, et kann een ëmmer e bësse besser ginn. Duerfir, mir kéinten déi doten esou mat deem do Zousaz matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Engel. Den Här Spautz.

■ **M. Marc Spautz (*CSV*)**.- Dat ass och fir eis an der Rei mat där Ännerung.

#### **Motion 1 modifiée**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que selon les derniers chiffres de l'ADEM, le taux de chômage s'établit désormais à 5,4 %, i. e. le niveau atteint entre octobre 2019 et février 2020 ;*





- *qu'en même temps, plus de la moitié des demandeurs d'emploi résidents disponibles sont inscrits auprès de l'ADEM depuis au moins 12 mois* ;

- *que selon l'avis de la Banque centrale du Luxembourg (BCL) relatif au budget de l'État pour 2022, il s'agirait d'un record historique qui serait par ailleurs symptomatique de l'existence de problèmes structurels sur le marché du travail* ;

- *notant que la part des demandeurs d'emploi inactifs depuis plus de douze mois (qui ne sont ni en emploi, ni affectés à une mesure pour l'emploi, ni en congé de maladie ou de maternité) a également augmenté en 2021 pour s'établir à 38 % (après une part de 32 % en 2020) (source BCL)* ;

- *considérant que, toujours selon la BCL, « [l]es populations défavorisées (salariés souffrant d'un handicap ou d'une incapacité de travail partielle, chômeurs âgés et/ou faiblement qualifiés) sont particulièrement exposées à ce fléau »,*

invite le Gouvernement

- *considérant les efforts œuvrés par l'ADEM, à œuvrer pour une meilleure prise en charge individualisée des personnes touchées par le chômage de longue durée et à leur proposer des mesures ciblées, notamment au niveau de la formation et de la formation continue.*

(s.) Marc Spautz, Paul Galles, Jean-Marie Halsdorf, Aly Kaes, Gilles Roth.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Spautz.

#### Vote sur la motion 1 modifiée

Wien da mat der Motioun Nummer 1 d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass dës Motioun eestëmmeg ugehall.

#### Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2, wou et drëm geet, fir en Dispositiv ze evaluéieren, dee sech opdrängt, fir eeben einfach zu enger Baisse significative vun de Laangzäitchômeuren ze kommen. Wie wëllt nach d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Jo, och déi ass eis ganz sympathesch. An do géife mer gäre bei « invite le Gouvernement à évaluer le dispositif susmentionné », also déi 400 Posten, déi do ugeschwat goufen, schreiwen: « et à procéder, le cas échéant, aux adaptations » ... Et muss ee jo kucke fir d'éischt, ob déi Evaluatioun dat och ergëtt oder net. An da kéinte mer déi hei och matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Kersch.

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Jo, ech hat virdu gesot, et wär vläicht néideg, awer eng Rei vun Informatiounen ze ginn. Den Här Spautz hat a senger Ried gesot, mir hätten do 400 Posten am Budget stoen an et sollt een dee Chiffer eventuell nach erhéien.

Ech mengen, de Problem besteet net onbedéngt an deem Chiffer vu 400 Persounen, mee de Problem besteet doranner, déi 400 Persounen ... oder déi Aarbechtsplazen ze detektéieren, wou déi 400 Persoune kéinten hi schaffe goen. Dir hutt virdrun zu Recht gesot, et géif eng Rei Gemenge ginn, déi oft vun dëser Offer Gebrauch maachen. De Staat selwer mécht et och. Et gött och eng ganz Rei vu Veräiner, Kulturveräiner, Sportsveräiner, déi et maachen.

Mee et ass néideg, dass mer dat Instrument eng Kéier evaluéieren. Ech soen och hei firwat: Well mer awer festgestallt hunn, dass et eeben net genuch Veräiner sinn, déi et maachen, mee dass awer déi eenzel Veräiner, déi et maachen, massiiv dovunner profitéieren. Dat heescht, dass mer also eenzel Sportsveräiner hunn, wou mer sechs oder siwen EMle ronderëmlafen hunn. Ech mengen, dat kann et net sinn. Dat ass och net d'Iddi dohannert gewiescht. Mee op där enger Säit musse mer méi Partner fannen an op där anerer Säit musse mer awer och e Bléck drop halen, dass hei net vun deem Instrument Gebrauch gemaach gött, fir aner Saachen ze erfëllen, fir déi am Fong déi Leit hei net do sinn.

Also ech sinn total domat averstanen, dass mer eng Evaluatioun vun deem heiten Dispositiv maache wéi och vun all deenen anereren Dispositiffen, déi mer en place hunn, fir de Chômage allgemeng ze bekämpfen.

Ech wëll och soen, dass mer op dem Aarbechtsministère extra eng Persoun - eng héichqualifizéiert Persoun, déi Ekonomist ass - agestallt hunn, fir genau dat doten ze maachen, genaousou wéi mer och eng Persoun agestallt hunn, déi an Zukunft soll Auditte maache bei de sozialen Initiativen.

Dir wësst, dass mer verschidden Diskussiounen haten, wou déi eng oder aner Sozialinitiativ e bëssen an d'Rampeliicht komm ass vun der Press. Do hu mer allkéiers en Audit gemaach. An déi Erfahrung huet am Fong dozou gefouert, dass mer soen: Mir maachen elo reegelméisseg Auditten an alle Sozial-

initiativen, an zwar net, fir deenen op d'Feïss ze trëppelen, mee fir ze kucken, ob dat, wat op der Plaz gemaach gött, och deem entsprécht, wat mer ursprénglech mat de Sozialinitiative wollte maachen. Mir maachen dat selbstverständlech och zesumme mat der Privatinitiativ, mee mir hunn, wéi gesot, och ee bei eis agestallt, dee genau dat dote soll koordinéieren.

Ech mengen, dat ass och am Sënn vun deenen Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun gefouert hunn. An duerfir ass dat doten och vu menger Säit, esou wéi den Här Engel et scho gesot huet, eng gutt Motioun an et sollt ee se esou unhuelen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kersch.

#### Motion 2 modifiée

La Chambre des Députés,

- *revue la loi du 20 juillet 2017 portant modification du Code du travail en vue de l'introduction d'un nouveau dispositif de lutte contre le chômage de longue durée* ;

- *considérant que les différentes lois budgétaires (2018 à 2022) ont fixé le chiffre maximal annuel d'emplois d'insertion à 400 postes* ;

- *que malgré un bilan intermédiaire encourageant dressé en 2019, le chômage de longue durée a atteint un record historique en 2021 (avec une hausse substantielle des demandeurs d'emploi inactifs depuis plus de 12 mois)* ;

- *rappelant qu'il est plus raisonnable d'investir dans l'emploi que de financer le chômage,*

invite le Gouvernement

- *à évaluer le dispositif susmentionné et à procéder, le cas échéant, aux adaptations qui s'imposent pour aboutir à une baisse significative des demandeurs d'emploi inactifs.*

(s.) Marc Spautz, Paul Galles, Jean-Marie Halsdorf, Aly Kaes, Gilles Roth.

#### Vote sur la motion 2 modifiée

Wien d'accord ass mat dëser Motioun, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

An domat ass och dës Motioun eestëmmeg ugehall.

### 6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Spautz

Dann huet den Här Marc Spautz d'Wuert gefrot fir den Depot vun enger Proposition de loi, an duerno den Här Laurent Mosar fir dee selwechten Exercice.

Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### Exposé

■ **M. Marc Spautz (CSV), auteur.**- Merci, Här President. Mir hunn elo vill iwwert de Chômage geschwat. Mir schwätzen och iwwer Leit, déi an d'Pensioun ginn, am ëffentlechen oder am private Secteur. D'Pension légale hei zu Lëtzebuerg ass bei 65 Joer. Wann Der awer mat 57 Joer kënnt an d'Pensioun goen oder mat 60 Joer kënnt an d'Pensioun goen, well Der 40 Joer Service hutt am Privatsecteur, dann dierft Der kenger zousätzlecher Aktivitéit no-goen, bis Der 65 Joer hutt. Dir hutt alleguerten déi lescht Wochen a Méint Bréiwer kritt, wou Leit op eemol domm do stoungen, well se e politescht Mandat haten, well se an enger Examenskommissioun waren, a well dat méi uitgemaach huet wéi een Drëtzel vum Salaire social minimum, hu se näischt méi kritt an der Pensioun.

An dofir géife mir proposéieren, dass een do ganz kloer draschreift, dass fir Saachen, déi op Base élektive sinn a wann s de enger Examenskommissioun nogees, wou s de net och nach an d'Sécurité sociale abezils - ech wëll dat betounen -, net och nach eng Kéier an d'Pensiounskeess abezils, dass dann awer d'Méiglechkeet muss bestoen, dass dat net berücksichtegt gött. An ech hoffen, dass den neie Sozialminister sech däers dann och direkt wäert unhuelen.

Villmools merci.

**7922 - Proposition de loi portant modification du livre III du Code de la sécurité sociale**

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Spautz.

### 7. Dépôt d'une proposition de loi par M. Laurent Mosar

An da géif ech d'Wuert ginn un den Här Laurent Mosar fir den Depot vun enger Proposition de loi.

#### Exposé

■ **M. Laurent Mosar (CSV), auteur.**- Jo, merci, Här President. Déi zweet Proposition de loi, déi och vum Kolleeg Marc Spautz a vu mir ënnerschiwweg ginn

ass, huet dee selwechten Objektiv. Et geet ganz einfach drëm, fir hei eng gewëssen Diskriminatioun ze eliminéieren, déi zwëschent Salariéen an Indépendantë besteet, souwuel, wat de Chômage partiel wéi och wat d'Pensiounsrechter ugeet, a fir déi ze harmoniséieren. An duerfir wäert ech lech hei elo nach eng zweet Proposition de loi an deem selwechte Sënn deposéieren, an der gudder Hoffnung, datt d'Regierung déi ganz positiv wäert aviséieren.

Merci.

**7923 - Proposition de loi portant modification du livre V du Code du travail**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar.

### 8. 7346 - Projet de loi portant sur l'accessibilité à tous de lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs

Vu datt d'Madamm Gesondheetsministesch nach net hei ass, kéime mer dann elo zum Projet de loi 7346 iwwert d'Accessibilité à tous. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech géif dann d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, an dat ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- D'Regierung freet d'Wuert.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Här President, ech wollt just vun lech wëssen, well Der dat doten elo gesot hutt, ob Der dovun ausgitt, dass d'Gesondheetsministesch nach kënnt. Well ech ginn dovun aus, dass se de Mëtten net ka kommen, well se matten an den Aarbechten ass vun der Preparatioun vun deem Gesetz, wat soll op den Instanzewee bruecht ginn, a well se de Mëtteg beim Staatsrot ass. Duerfir si mir och als Regierung mandatéiert, d'Madamm Cahen an ech, fir zu där Motioun, wa se dann zur Diskussioun kënnt, Stellung ze huelen.

#### (Brouhaha)

■ **M. Max Hahn (DP), rapporteur.**- Loosst se et direkt maachen ...

#### (Concertation interne)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Jo, also d'Madamm Gesondheetsministesch huet eis Servicer wësse gedoen, datt se dann nom Accessibilitéitsgesetz kéim.

#### (Hilarité et brouhaha)

Dann hu mer annerhallef Stonn Zäit. Dat ass elo eise Wëssensstand ...

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Dann ass hir Sitzung am Staatsrot éischter eriwwer, wéi se geduecht huet. Tant mieux! Ok!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ok, dann ass d'Wuert fir den Här Max Hahn als Rapporteur vum Projet de loi 7346.

#### Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

■ **M. Max Hahn (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Ech hat d'lescht Woch d'Geleeënheet, zesumme mat menger Kolleegin, dem Carole Hartmann, eng Visitt zu Diddeleng ze maache bei der Fondatioun Kräizbiereg. Mir kruten hei déi verschidde Gebaier gewisen a kruten en Abléck an d'Aarbecht, déi do an den Atelier-protégéé geleescht gött.

Mënsche mat ganz ënnerschiddlechen a spezifische Besoine kréien hei Aarbechte proposéiert, déi un hir Capacitéiten ugepasst sinn. Si kënne sech awer och an engem betreite Kader un neien Aufgabe versichen a sech esou weiterentwëckelen. An déi allermeescht si mat enger ganz grousser Freed a Motivatioun un hir Aarbecht erugaangen.

Dat ass méiglech, well déi meescht Gebaier accessibel gebaut sinn. Dat ass mir bei der Visitt direkt an d'Ae gefall. Bei den Trape si Gelänneren op béide Säiten ubruecht, d'Luuchteschaltère sinn och op méi niddregere Héicht installéiert an et gött ganz vill mat Piktogrammer, also bildleche Symboler geschafft. Mee hannert de Paarte vun der Fondatioun Kräizbiereg ass déi Barrièrefräiheet net méi iwwerall ginn.

Dowéinst ass et esou wichteg, dass mir haut dëse Gesetzesprojet stëmmen, well e fuerdert net manner wéi dat fundamentaalt Recht op Beweegungsfräiheet fir all Mënsch am gesamten ëffentleche Raum, e Recht, dat och an der universeller Deklaratioun vun de Mënscherechter festgehalen ass. Et ass awer munche Leit an eisem Land och haut nach ëmmer net méiglech, sech iwwerall fräi ze beweegen oder vu verschiddene Servicer ze profitéieren, well d'Émfeld net un all d'Besoinen ugepasst ass.

Ech schwätze virun allem vu Leit mat enger Behënnerung, awer och vun Elteren, déi mat enger Kanerkerkutsch ënnerwee sinn, oder och vun eelere Leit. Well mir musse bedenken, datt eis Gesellschaft ëmmer méi al gött an dowéinst ëmmer méi Persoune schlecht ze Fouss sinn. All déi Leit sinn also

dacks mat Barriäre konfrontéiert, déi bis zur sozialer Ausgrenzung féiere kënnen. An esou eng sozial Mauer kann hirersäits weider Problemer mat sech bréngen. Ech denken do zum Beispill un d'Sich no enger Aarbecht an déi domat verbonne finanziell Suergen.

Mat dem virleiende Gesetzesprojet wëlle mir dëser Diskriminatioun en Enn setzen. Den Text leet fest, dass all ëffentlech zougänglech Gebaier, Voieren an Appartementshaiser ab enger gewësser Gréisst fir jiddereen accessibel musse sinn. Nei Bauprojete mussen nom Prinzip „designed for all“ geplangt a gebaut ginn. Dofir mussen natierlech verschidde Konditiounen erfëllt ginn.

D'Zil ass, dass all Mënsch sech iwwerall autonom hindeplacéiere kann. D'Penten, adaptéiert Parkplazen oder Lifter si just e puer Beispiller, déi zu enger besserer Accessibilitéit bäidroen. Mee och Informatiounen duerch einfach Sprouch a Piktogrammer, déi duerch den Tastsënn spierbar sinn oder nom Principe des deux sens fonctionéieren, also gläichzäiteg visuell an akustesches, gehéieren do derzou.

D'Aschränkunge kënne ganz komplex sinn. Si falen engem als net betraffe Persoun och dacks iwwerhaapt net op. D'Gesetz soll de Staat, d'Gemengen oder d'Privatproprietären awer och animéieren, fir Mënsche mat enger Behënnerung endlech zu méi Autonomie ze verhëllefen. Ech hoffen dofir, dass d'Gesetz och zu méi Verständnis fir d'Liewensrealitéit vu Mënsche mat enger Behënnerung bäidréit.

Här President, an Zukunft mussen och d'Besoinne vu Mënsche mat enger Behënnerung consideréiert ginn, wann eist ëffentlecht Émfeld geplangt gött. Dat betrëfft physsesch an intellektuell Aschränkungen.

Wéi eng Gebaier sinn dann elo vun dësem Gesetz betraff? Déi nei Ufuorderunge betreffen net méi eleng déi Gebaier, déi dem Staat oder de Gemengen ënnerstinn, mee och ëffentlech zougänglech Gebaier „à usage collectif“, onofhängeg dovun, wien de Proprietär ass. Dorënner falen zum Beispill Restaurants, Butteker oder Dokteschcabineten, mee och Prisongen, Kierfechter oder Kierche gehéieren zu de „lieux ouverts au public“.

Nieft den allgemengen Upassunge wéi zum Beispill d'Gréisst vun den Dieren an d'Penté fir d'Rollstill mussen ënner anerem och e Minimum u Vestären, Parkingen an Toiletten u Besoinne vun eelere Leit oder Leit mat enger Behënnerung ugepasst ginn.

An dëse Projet geet nach e Schratt méi wäit. Et sinn nämlech net nëmmen Neibauprojeten, déi mussen accessibel geplangt ginn, mee och besteeënd Gebaier mussen déi nei Virgabe respektéieren. Dës Ufuorderunge sinn net grad esou strikt wéi bei deene Gebaier, déi nei gebaut ginn. Ausserdeem huet ee mam neie Gesetz zéng Joer Zäit, fir Émbauaarbechten an aner Upassunge virzehuelen.

Mee et ass eebe grad dëse Punkt, dee jidderengem e méi onofhängegt Liewen erméigleche wäert. Well och haut si leider vill Mënschen an hirem Alldag nach mat Barriäre konfrontéiert. Dat wäert sech elo endlech änneren!

Här President, mir alleguerte wëssen, dass d'Situatioun um Wunnengsmaart net einfach ass. Leit mat enger Behënnerung hunn et nach vill méi schwéier, fir eng Wunneng ze fannen, déi op hir Besoinen zougesechniden ass. Dofir mussen an Zukunft d'Parties communes vun den neie Residenze vun op d'mannst dräi Stäck a fënnef Unitéiten accessibel gebaut ginn.

Bei bestoenden Appartementshaiser ass fir Émbauaarbechten awer den Accord vun de Proprietären néideg. Derbäi kënnt, dass 10 % vun de Logementen, déi um Rez-de-chaussée leien oder op engem Stack mat engem Lift, musse supplémentaire Exigenzen erfëllen. Dat heescht zum Beispill, dass d'Buedzëmmeren oder och d'Dieren eng gewësse Gréisst mussen hunn, fir dass och eng Persoun am Rollstull sech fräi beweegen kann. Esou kënnen déi betraffe Leit méi einfach eng Wunneng fannen a méi onofhängeg liewen.

Déi elo grad genannte Gebaier a Strukture musse jidderengem zougänglech sinn. Dat bedeit net nëmmen den Accés u sech, mee och d'Benotze vun all de Funktionalitéiten, Raim an Ekipementer muss fir jidderee méiglech sinn.

#### (M. Marc Spautz prend la présidence.)

An Zukunft mussen och Noutfallpläng ugepasst ginn, fir d'Sécherheet vun all Mënsch ze garantéieren. Ech denken do zum Beispill un d'Alarmsignaler, déi net nëmmen akustesches, mee och visuellt bemierkbar musse sinn, fir dass och daf Persoune bei engem Noutfall gewarnt ginn.

Esou Émbauaarbechte sinn natierlech mat Käschte verbonne. Dofir ginn och staatlech Subventiounen agefouert, fir dass d'Proprietären hir Gebaier bannent den Delaien accessibel kënne maachen. Do ka bis zur Hallschent vun den Accessibilitéitskäschten iwwerholl ginn, bis héchstens 24.000 Euro pro Objekt.

Mat der finanzieller Ënnerstëtzung kënnen awer och Expertisen, Conseilen an Étude bezuelt ginn. D'Regierung weess natierlech, dass Accessibilitéits-





aarbechten net ëmmer méiglech sinn. Dofir sinn a bestëmmte Fäll Derogatioune virgesinn. Ausname kënnen bei enger Charge disproportionnée ugefrot ginn - ech kommen nach dorobber zrëck -, bei enger technescher Onméiglechkeet oder fir de kulturellen an historiesche Patrimoine ze erhalen.

Och d'Strukture vum ONA, dem Office national de l'accueil, mussen déi nei Accessibilitéitsufuerderung net obligatoresch erfëllen. D'Regierung huet dës Entscheedung aus prakteschen Iwwerleeunge geholl. Am Fall, wou et nämlech nach eng kéier ze enger Situatioun komme sollt, wéi mer se 2015 mat ganz ville Flüchtlingen haten, muss et nach ëmmer méiglech sinn, fir deene Mënsche genuch Strukture bereetzestellen. Wann den ONA, den Office national de l'accueil, dee sech hei am Land ëm d'Demandeurs d'asile bekëmmert, esou eng Barrièrefräiheet misst ouni Ausnam an all senge Strukture garantéieren, da géife mir riskéieren, net méi genuch Plazen ze hunn. An domadder wier da kengem gehollef.

Dat wëllt natierlech net heeschen, dass sech net beméit wäert ginn, an Zukunft fir méi Accessibilitéit an de Strukture fir Flüchtlingen ze suergen. Bei Bedarf gëtt och esou gutt et geet no adaptéierte Léisunge gesicht. Den ONA schafft och enk mat der ADAPTH zesummen, déi sech op den „design for all“ spezialiséiert huet a bei Amenagementer oder Neibauten och beréit.

Här President, dëse Projet de loi féiert och den Aménagement raisonnable an. Verschidde Leit liewe mat enger rarer Behënnerung an net all d'Situatiounen, an deenen hir Beweegungsfreiheet ageschränkt ass, kënnen vun dësem Gesetz ofgedeckt ginn. An esou engem Fall soll et fir déi betraffe Persoun méiglech sinn, fir e rasonabelen Ëmbau oder eng Upassung unzefroen. E rasonabelen Aménagement huet als Zil, Diskriminatiounen ze eliminéieren an zu méi Gerechtegkeet bäizedroen.

E kann normalerweis just da refuséiert ginn, wann en als Charge disproportionnée justifiéiert gëtt. D'Krittären, fir esou eng onverhältnisméisseg Charge festzestellen, sinn ënner anerem d'Käschte fir d'Aarbechten, de geschatenen Notze fir d'Leit mat enger Behënnerung oder eng eventuell Onméiglechkeet, d'Ëmbaumarbechten duerchzuféieren, déi awer op alle Fall begrënt muss ginn.

Fir nei Gebaier wäert et net méiglech sinn, Derogatiounen unzefroen. Sollt eng Charge disproportionnée net nogewise ginn, mee den Aménagement raisonnable trotzdem refuséiert ginn, da leet d'Gesetz fest, dass et sech dobäi ëm eng Diskriminatioun opgrond vun der Behënnerung handelt. Dat gëtt esou och vun der UN-Behënnertrechtskommissioun verlaangt.

Fir sécherzegoen, dass déi nei Exigenzen agehale ginn, ginn dowéinst och penal Sanktiounen agefouert. Nëmmen esou kënnen mir déi nei Ufuerderungen och konsequent durchsetzen. Fir physesch Persoune kann eng Amende vun 251 bis 125.000 Euro an/oder Prisong vun aacht Deeg bis zwee Méint verhaange ginn. Personnes morales kënnen mat enger Amende vu 500 bis 250.000 bestrooft ginn. Déi nämmlech Strofe sinn och bei engem net justifiéierte Refus vun engem Aménagement raisonnabl virgesinn.

De Projet de loi gesäit nach e weidert Konzept vir, an zwar dat vun der „solution d'effet équivalent“. Do, wou et net machbar ass, déi üblech Adaptatioune fir d'Barrièrefräiheet fir jiddereen ze garantéieren, sollen am Géigenzuch innovativ Léisunge méiglech ginn. Dat kéint zum Beispill bei denkmalgeschützter Gebaier wéi Buergen oder Schlässer de Fall sinn, wou een déi original Struktur méiglechst erhale wëllt. Wichtig ass, dass d'Solution d'effet équivalent zum selwechten Zil féiert wéi d'Exigenzen, déi an dësem Gesetz virgesi sinn. Equivalent Léisunge kënnen souwuel fir nei wéi och fir bestoend Gebaier gefrot ginn an och fir temporär Strukturen, déi manner wéi e Mount bestinn, kann ee mat Solution d'effet équivalent fueren.

Dëst Gesetz schafft och en neie Conseil consultatif de l'accessibilité. An dësem Rot si Professioneller aus der Constructioun an aus de Finanzen an och Experte vun der Accessibilitéit a vun der Conception pour tous. Dobäi kënn nach e Verrieder vum Conseil supérieur des personnes handicapées. Esou ginn och déi direkt betraffe Leit an d'Decisioune matagebonnen. De Conseil gëtt nämlech säin Avis zu den Derogatiounen an de Solutions d'effet équivalent a beréit och den zoustänneg Minister a soss Froen zur Accessibilitéit.

Här President, fir ze garantéieren, dass déi nei Exigenzen agehale ginn, wäert an Zukunft nieft de Sanktiounen och eng méi effikass Kontroll durchgefouert ginn. Dofir muss bei enger Autorisation de construire oder enger Autorisation de voirie e Certificat derbäi sinn, deen d'Conformitéit vun de Pläng attestéiert. Dës Certificate kënnen vun Architekten an Ingenieuren oder vu Contrôleurs techniques en accessibilité ausgestallt ginn. D'Kontrollere mussen en Agreement hunn, deen iwwert dëst Gesetz geschaaft a vum Ressortminister ausgestallt gëtt.

Här President, op dëser Plaz wëll ech all den Acteuren, déi hiren Avis zu dësem Gesetzesprojet ofginn hunn an hiert Wësse matabruecht hunn, e ganz, ganz grouse Merci soen.

Nach e Wuert zu den Avisen: De Staatsrot hat Opposition-formellé formuléiert, déi sech virun allem op juristesche Onsécherheete bezunn hunn. Termen am Text wéi „lieu ouvert au public“, „logement“ oder „ressources“ goufen dofir nei definéiert. Des Weidere goufe verschidde Paragraphen adaptéiert oder och suppriméiert, well de Prinzip vun der Spécification de l'incrimination, déi an der Constitioun festgehalen ass, net genuch respektéiert gi war.

All den Opposition-formellen ass Rechnung gedroe ginn a si goufen do vum Staatsrot opgehuewen. Allegeuerten d'Acteure begreissen d'Zil vum Gesetzesprojet, fir d'Inklusioun ze verbessern.

D'Chambre des Métiers heescht gutt, dass eng finanziell Hëllef festgeluecht ginn ass, fir d'Accessibilitéitsaarbechten ze ënnerstëtzen. D'Delaien, fir déi Hëlfele unzefroen, goufen am Text och vun zwee op fënnef Joer eropgesat.

D'Chambre de Commerce ënnersträicht hirsäits den Notze vun den Derogatiounen, déi a bestëmmte Fäll méiglech sinn.

D'Commission consultative des droits de l'homme begreisst, dass dësen Text d'Definitioun vun de Personnes handicapées aus der UN-Behënnertrechtskonventioun iwwerhëlt. D'Introductioun vum Aménagement raisonnable an och vu strofrectleche Mesurë fannen der Commissioun hir Zoustëmmung. Virun allem de Conseil supérieur des personnes handicapées begreisst dëse Projet de loi, deen och derfir suerge wäert, dass déi direkt betraffe Leit hei aktiv an den Decisiounsprozess mat agebonne ginn.

Fir all weider Detailler zum Gesetz an zu den Aweise verweisen ech ganz gären op mäi schrëftleche Rapport.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, an de leschte Joren ass scho viles ëmgesat ginn, fir op déi vill verschidde Besoine vu Mënsche mat Behënnerung anzegoen. Mir hunn déi däitsch Gebäerdsprooch offiziell unerkannt, eng Assistance à l'inclusion dans l'emploi geschaf a schonn esou munch Artikelen, zum Beispill och op guichet.lu, sinn op liicht Sprooch iwwersat.

Mat dësem Gesetz verbessere mir elo d'Accessibilitéit fir all Mënsch zu Lëtzebuerg. Domadder gëtt en zentrale Punkt vun der Inklusiounspolitik ëmgesat, dee schonn am Regierungsprogramm vun 2013 stoung. Déi sozial Mauer, déi den Ament leider nach ze dacks besteet, rappe mir elo ewech. Dat wäert net ëmmer einfach sinn an och Zäit brauchen, mee mir si bereet, dëse Wee - deen eenzege richtege Wee - ze goen!

Eng Behënnerung ass kee Choix. Et gëtt een domadder gebuer oder si ass d'Resultat vun engem Accident oder vun enger Krankheit. Esou kann e ganz Liewen op d'Kopp geheit ginn. Aldeeglech Gesten a Situatiounen, déi virdrun eng Banalitéit waren, ginn op eemol zu enger Erausfuerderung. Mir mussen derfir suergen, dass den Term „Behënnerung“ vill manner Bedeitung am Liewe vun de Concernéierten huet. Well Behënnerung, esou steet et an der UN-Behënnertrechtskonventioun, entsteet am Fong duerch en net adaptéiert Ëmfeld. Eis Gesellschaft huet vill ze laang esou gelieft, wéi wann all Mënsch kéint fräi iwwer all seng fënnef Sënner a seng kierperlech Funktioune verfügen. Dat ass awer net esou!

Haut droe mir dëser Realitéit Rechnung a leeën e wichtegt Fundament fir eng méi inklusiv Gesellschaft.

Ech gi mat grousser Freed den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzestext a soen lech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Spautz, Président de séance.** - Merci dem Här Hahn.

An den nächsten an éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jean-Paul Schaaf.

#### Discussion générale

■ **M. Jean-Paul Schaaf (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Minister, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen an och hei elo mëndleche Rapport. Hien huet am Detail, mengen ech, dat skizzéiert, ëm wat et hei geet: eigentlech jo ëm d'Accessibilitéit, dorëm, dem Handicap - fir et emol esou auszedrécken - den Zougang zu allen ëffentlechen an och private Gebaier, Servicere, Déngschtleschtungen, Geschäfte, Fräizäitaktivitéiten ze erliichteren, an och, fir eng besser Accessibilitéit dobaussen am ëffentleche Raum, am Transport ze erméiglechen.

An een Novum, iwwert dee mer eis ganz besonnesch freeën, dat ass dann eeben och, dass de Wunnengsbau hei Berücksichtigung fënnit an dass eeben ëmmer do, wou eng Rei vu Wunnenge beieenen entstinn, dann och Wunnengen accessibel musse sinn.

Ech wëll awer och der Regierung Merci soe fir dëse Projet de loi an och duerfir, dass mer en zäitgläich mat de Règlement-grand-ducal kritt hunn. Dat ass jo wichtig, well et ass do am Detail, wou d'Musek spillt. Déi Règlement-grand-ducallen erlaben engem och dann an der Praxis, genau nozevollzéien, wat eigentlech mat den Termen aus dem Gesetz gemengt ass.

Dat sinn zesummen 104 Säiten, de Projet de loi, säin Depot, seng Erklärungen, d'Commentaires des articles bis zu de Règlements grand-ducaux. En ass am Juli 2018 deposéiert ginn. Dat huet elo dräi Joer an der Millen hei gedréint, bis mer dat dann haut kënnen verabschiden. Dat ass eigentlech leider laang! Mee bon, et ass esou.

Déi Moosssname gi jo, et kann ee se emol net all opzielen, esou vill sinn et der, vun de Belichtungen iwwer Piktogrammen - de Rapporteur huet déi ernimmt -, Ekipementen vun Toiletten, Blanneleitlinien, Rolltrapeen, Lifter, Déiften an Héichte vun Träppleken, wéi Glännere musse sinn, wéi Raschtplazen auszegesinn hunn, visuell Kontraster an esou weider bis hin zu, fir e Beispill ze nennen, magnéiteschen Induktiounsschläife fir Leit, déi net esou gutt héieren an eng Verstärkung vun hirem Tounsignal brauchen. Et ass also en enorm breetgefécherte Sujet. An dofir ass natierlech kloer hei net d'Plaz, fir dat dote ganz am Eenzelen ze belichten.

Mir begreissen als CSV natierlech d'Ëmsetzung vun dëse Mesuren, begreissen awer och doriwwer eraus all Ustrengung, déi gemaach gëtt vun ëffentlecher Säit, fir wirklech dem Handicap ze hëllefen a fir deene Leit den Zougang zu engem perséinleche Liewensstil, deen esou ass, wéi si e wëllen hunn, am Alldag gerecht ze ginn.

Mir kommen net vun null heihinner. Et gëtt Gesetzer a Reglementer iwwer 20 Joer an et gouf an de leschte Joren ëmmer méi Wäert op Accessibilitéit geluecht. Allerdéngs war deen Effort dacks just esou grouss wéi den Engagement vum Bauhär. Ganz besonnesch war dat de Fall am Wunnengsbau. Bei ëffentleche Gebaier a Plazen, do hunn natierlech de Staat an och d'Gemeenge vill Kompetenz un den Dag geluecht a hunn och gären op déi exzellent, an ech wëll se wirklech hei ernimmen an och ënnersträichen, Berodung vun der ADAPTH kënnen zrëckgräifen an doduerjer eigentlech och eng grouss Qualitéit an d'Accessibilitéit eraleeën.

Vill Erfahrungswärter si gemaach ginn an aus deenen ass ëmmer erëm bäigeléiert gi fir dat, wat duerno kënn. D'Gemengeréit hunn och Entscheedunge geholl an hire Bautereglementer, wat d'Accessibilitéit ubelaangt, a bei all Bau ass et d'ITM, d'Sécurité dans la fonction publique, déi sech ganz vill noutwendegt Wëssen zu eege gemaach hunn an dat och gedeelt hunn. An doduerjer eigentlech hu mer schonn eng ganz Rei Saachen erreecht.

Dass awer elo d'Convention relative aux droits des personnes handicapées, déi Lëtzebuerg 2011 ratifiéiert huet, komm ass a mer doduerjer eigentlech a méi engem klaren an och méi engem verbindleche Kontext sinn, dat ass gutt esou. Dat sinn och zéng Joer hier, mee et huet, wéi gesot, ganz vill Detailarbecht gebraucht. An ech wëll wirklech soen, dass d'Bauhären, Architekten, Urbanisten, Planer, Politiker, Gemengentechniker, Handwierker an esou weider elo mat dësem Gesetz eigentlech op ganz vill konkret Froen, déi si sech stellen, och ganz konkret Äntwerte kréien. Dat ass dat, wat de Wäert vun deem heiten Text wirklech ënnersträicht. Dat ass wirklech dat, wat enorm wichtig ass.

Mir hunn alleguerten - déi, déi an de Gemengen emol Verantwortung geholl hunn - erlieft, dass och do heiansdo diskutéiert ginn ass: „Muss et déi dote Reegel sinn? Solle mer eng aner maachen? Wéi wäit kënnen mer derogéieren? Solle mer net?“ An esou weider an esou fort. An dann ass dat ëmmer e schwieregt Hin an Hier gewiescht. Hei, mengen ech, ginn eng ganz Rei Saache méi kloer, an dat ass ganz, ganz wichtig!

Dat Gesetz hei erlaabt mer awer och, e puer Saachen ze soen zu deene Chancéméiglechkeeten, ëm déi et jo eigentlech och geet. Et bleift jo eng onausgeschwate Segmentéierung an eiser Gesellschaft, wou esou tëscht „normal“ an „net normal“, wann een dat eng kéier esou däréf ausdrécken, oder tëscht „Handicap“ an „Nethandicap“ differenziéiert gëtt. De Begrëff „handicapéiert“ - ech si frou, dass de Rapporteur en, mengen ech, guer net benotzt huet - ass och e Begrëff, deen ech perséinlech net gären hunn. An ech mengen, do si mir zwee eis op alle Fall eens, dass dat och esou ass.

■ **M. Max Hahn (DP), rapporteur.** - Dat stëmmt, jo.

■ **M. Jean-Paul Schaaf (CSV).** - Jo, ech hunn en eigentlech net gären. Et ass e fachleche Begrëff, do si mer eis eens, mee ech hunn en net gär, well ech léiwer vun enger „Aschränkung“ respektiv vu „Mënsche mat enger Aschränkung“ schwätzen. Si liewen eebe mat där Aschränkung - dat huet den Här Hahn och gesot - an dat behënnert se eebe bei enger Rei vun Aktivitéiten oder mécht se fir si méi schwiereg. A mir kënnen eeben all dozou bäidroen, dass de

Liewensraum - ëffentlech a privat - si eeben net behënnert!

Elo kann een hei iwwer Sproochen diskutéieren. Ech wëll och elo hei net en neit Sproochekonzept proposéieren, mee ech mengen, dass dat awer eppes doriwwer ausseet, dass mer alleguerten och eng Liichtegkeet mussen un den Dag leeën am Ëmgang mat Mënsche mat enger Aschränkung oder mat enger Behënnerung.

Dat geet jo bei Klenggekeeten un. Dat geet jo do un, dass een engem eng Dier opmécht, dass ee freet, ob een Hëllef brauch, dass ee bei engem Busarrët kuckt, ob d'Leit erakommen, awer och Leit mat enger Kannerkutsch erakommen, eng Trap eropkommen oder net. Dat geet jo bei all deene klenge Gesten do un. Oder och, dass ech mat engem méi haart schwätzen, wann ech mierken, dass en net gutt héieren huet, an esou weider. Also all déi Saachen do si wichtig!

Grad esou wichtig, fir en anert Beispill ze ginn, dat ass: Wann ech als net behënnerte Mënsch engem begéinen, dee mat engem Rollstull ënnerwee ass, an e gëtt am Rollstull gefouert, geschitt eppes, wat ëmmer onweigerlech geschitt: Da schwätzen déi zwee Leit, déi sech op Aenhéicht begéinen, mateneen an de Mann am Rollstull oder d'Fra am Rollstull kuckt vun ënnen no. Och dat ass e Stéck Inklusioun!

Ech mengen, dass mer an eise Denke, an eise Käpp och mussen oppassen heiansdo, wéi mer dat maachen, an dann eebe genau déi Persoun, fir bei deem Beispill ze bleiwen, am Rollstull mat als Gesprächspartner anzebannen. Déi Inklusioun fuerdert vun eis alleguerten, ofgesi vun der Accessibilitéit an den techneschen Detailler, och eppes, wat mer an eise Käpp musse maachen.

Spéitstens wann dëst Gesetz elo gestëmmt ass de Mëtteg an ëmgesat ass, dann ass eigentlech d'Accessibilitéit normal an eng Constructioun oder en Aménagement, deen net accessibel ass, ass net normal an ass eng Ausnam.

Zu Lëtzebuerg liewe schätzungsweis, gëtt eis gesot, 19 % vun de Leit mat där enger oder anerer Form vu Behënnerung. Déi genau Zuel ass net bekannt, dat ass kloer. Mee et ass och ëmmer eng Fro vun der Definitioun. Ab wéini ass dann e Mënsch e Mënsch mat enger Behënnerung oder net? Mir géife jo net soen: „Een, deen en Hörapparat huet, huet eng Behënnerung.“ Mir géifen och net soen: „Een, deen e Brëll huet, huet eng Behënnerung.“ Mir géifen awer soen: „Een, dee seebehënnert ass, huet eng Behënnerung“, oder: „Een, deen net méi héiert, huet eng Behënnerung.“

Do ass eng Fluctuatioun dertëschent, soudatt déi Terminologie an déi Statistik net evident sinn. An duerfir wëll ech der Regierung och felicitéieren duerfir, dass se an der Vollekszielung, déi elo ënnerwee ass, och dann eebe Froen iwwert den Handicap, fir et awer esou ze nennen, mat opgehooll huet. Ech fannen dat eng gutt Iddi, dass een einfach do en Unhaltspunkt kritt, mindestens a Prozentsätz, vun deene Leit, déi géantwert hunn, wou se domadder dru sinn.

Zu Zuelen an Etüde wëll ech och nach eng kéier drun erënneren, dass ech hei eng Question élargie gemaach hat op dëser Plaz. Mir hunn och an der Commissioun driwwer geschwat, wou a Saache Gebäerdsprooch och déi Fro vun den Zuelen a vun der Etüd do war. An d'Madamm Familljeministes hat do betount, dass de LISER dorunner géif schaffen. Do wier ech frou, wann Der eis vläicht kéint soen, ob Der do scho méi wäit komm sidd wéi bis elo.

D'Gesetz, dat mer stëmmen, applizéiert - an et ass gesot ginn - de Grondprinzip vun der „conception pour tous“ oder dem „design for all“. Déi Terminologie „design for all“ ass eigentlech eng europäesch Terminologie. An den USA schwätze se vu „universal design“ oder op Franséisch eebe vu „conception pour tous“. Dëst Gesetz gëtt also där doten Iwwerleeung eigentlech en neien Inhalt. Et ass baséiert op eng UN-Konventioun, déi jo dann e Moossstaf setzt an och Verantwortlechkeeten deklinéiert.

D'CCDH huet an hirem Avis e bësse bedauert, dass de Projet de loi sech éischter mam Handicap auserneesetzt a manner de Prinzip vum „design for all“ an de Vierdergrond stellt.

Eigentlech wëlle mer mat dësem Gesetz jo derfir suergen, dass Mënsche mat enger Behënnerung eeben en erliichterten Accès - ech hunn et gesot - zu allem hunn, awer dat net eleng. Mir wëllen, dass all Accès, all Informatioun esou geduecht ass, dass kee Mënsch sech eeben ausgegrenzt spiert, an dass dat Gefill „ech sinn ausgegrenzt an ech brauch e speziellen Ekipement fir mech“ emol guer net opkënn am Idealfall.

Kucke mer als Illustratioun vläicht einfach eng kéier, wéi dat ausgesäit an enger Geschäftsstrooss. Wann een eng Geschäftsstrooss huet an et huet ee riets a léns laanscht d'Geschäfte Trottoiren an dertëscht fueren eventuell nach e puer Autoen, dann ass dat eng Infrastruktur, déi net dem „design for all“





entspricht. Sinn déi selwecht Geschäfte an enger Foussgängerzon, wou vläicht beim Aménagement probéiert ginn ass, e Maximum vu Geschäftsentreeën auszegläichen, andeem een d’Niveaue vun der neier Strooss adaptéiert, hieft, dann ass et eng inklusiv Konstruktioun, déi dem „design for all“ entsprécht, an et wäert kee Mënsch sech driwwer bekloen, dass do en Trottoir feelt oder en Trapplek fir an de Buttek eran.

Dat ass also eppes, wat jidderengem notzt, an de Mënsch mat enger Aschränkung brauch sech net virzekomme wéi e Mënsch mat enger Aschränkung. E geet ganz normal dohinner, wou jidderee geet. Dat ass de Prinzip vum „design for all“.

Duerfir brauch een natierlech eng technesch Declinaïoun vu ganz ville Reegelen, déi evident sinn an déi an dësem Gesetz eeben de grouss Virdeel hunn, dass se zesummenhänkend sinn - vun do, wou ech wunnen, bis do, wou ech mech muss beweegen, vläicht fir meng Aarbecht, vläicht, fir den öffentliche Transport ze huelen, vläicht, fir akafen ze goen oder meng Fräizäit ze erliewen -, dass et also eng duerchgängeg Reegelung ass, déi elo net just ee Beräich, mee all d’Beräicher vun eisem Liewen erfüllen. An dat geet souguer am Gesetz bis zur Ëmkleedekabinn am Geschäft, wann ech nei bauen.

E puer selwer erliefte Geschichten zu dësem Thema, och wann dat elo e bësselche méi wäit geet: Ech sinn als jonke Papp do op eemol mat der Kannerkutsch ënnerwee gewiescht. Dat ass eng ganz spannend Erfahrung. Ech géif alle jonke Pappe wënschen, dat ze maachen. An ech war dann awer schonn zu Ettelbréck am Gemengerot an da kuckt een natierlech alles nach eng kéier anescht, wéi een et soss géif kucken. An do hunn ech gemierkt, wéi dacks ee sech do muss ploen, fir en Trottoir erop, Trottoir erof. Et geet een an e Geschäft an d’Dier geet no baussen op an den Trapplek geet eran. A wéi maachen ech dat elo fir eranzekommen?

An da ronderëm eist Stadhaus, dat e bëssen historesch ass, esou e Pavé. Op Däitsch nennt een dat „Kopfsteinpflaster“. Eppes Onméglech! Eng ganz Rei Saachen hu mech fuerchtbar opgereegt an ech hunn do mat där Kannerkutsch déi ganz Stad nei entdeckt a villes opgelëscht, wat een eigentlech misst änneren. Dat mécht een dann esou, well een dat dann do gesäit.

An da kann een och Weeër fannen. Mir hunn zum Beispill deen historesche Pavé leie gelooss, mir hunn awer an der Mëtt e Meter aus anerem Steen drageluecht, dee platt ass. An als Alleréischtt hunn d’Damme mer Merci gesot, well se mat hire Schong besser doduerchkomm sinn.

#### (Hilarité)

A wann ech elo haut kucken, da geet kee Mënsch méi iwwert de knubbelege Pavé. Si ginn alleguerten do, wou et flaach ass. Et ass also fir jidderee méi einfach. Duerfir muss mer och dacks, mengen ech, a wa mer iwwert den Aménagement an d’Accessibilitéit schwätzen, och drun denken, dass een eigentlech och eppes fir sech selwer mécht, wann een et streng hält. Dat selwecht ass bei den Trottoiren, wann een se offlaacht an esou weider. Do fënnt een iwwerall Reegelen.

Interessant ass eeben elo, dass mer eng landeswäit Norm kréien, déi och iwwerall dann d’selwecht ass. Bei den Trottoiren zum Beispill sinn déi an der Vergaangenheet e puermol geännert ginn: eng kéier op null, et sollen dräi Zentimeter bleiwe wéinst dem Waasser, si gi ganz flaach, elo en Deel flaach, Blannleitinnen agebaut an esou weider. Do si Variatiounen geschitt. Do si jo Saachen, déi vläicht net dem Text vun haut entsprechen, déi awer an deene leschte Joren zilstreebend fir d’Accessibilitéit och a mat guddem Gefill ëmgesat gi sinn an déi vläicht awer dann och elo erm eng kéier mussen adaptéiert ginn. Dat ass eeben esou!

Vläicht nach zwee kleng Beispiller, da kommen ech awer op de Schluss. Dat geet och iwwert de Gesetzestext eraus: Ech hat eng kéier der lokaler Amiperas gesot: „Wann Der Saachen huet, déi Der gare geännert hätt am öffentlichen Aménagement, déi fir lech wichteg sinn, da sot mer déi!“

An et huet net laang gedauert, do huet den Telefon geschellt a si hu gesot: „Majo, et feele Bänken.“ Wéi einfach! „Et feelen eis Bänken. Mir hätte gären all 400 Meter eng Bänk“ - do ware mer an der Diskusioun, iergendwou, mee si soen, all 400 Meter wier eng Bänk wichteg -, „dat erlaabt, dass een awer nach ka gutt Stécker spadséiere goen. Heiansdo huet een emol eng kéier eppes ze droen, da sëtzt ee sech gären eng kéier ënnerwee an esou weider. Mir wëlle jo net an der Hetz hin- an hierlafen. All 400 Meter eng Bänk.“ Da kuckt een natierlech op alle Stroossen, wou dat geet. Et geet net iwwerall. Mee do, wou et geet, mécht een et. An zweet Konditioun: All Bänk muss eng Aarmleer hunn, fir méi sécher kënnen opzestoen a sech ze setzen.

D’Resultat vun der Geschicht - zwou Konklusiounen -: Vill Designerprospekter sinn an de Pabeierkuerf geflunn. Mir hunn eppes ganz Praktesch gewielt. A wann een dann elo haut kuckt, da sëtze valid an in-

valid Leit ëmmer bei der Aarmleer. Voilà! Dat ass also och den „design for all“!

An nach e lescht Beispill: Wann ech mat Kanner bei de Comptoir ginn, also ...

#### (Hilarité)

... dat muss elo net am Bistro sinn, mee wann een an engem Musée ass, an engem Theater ass, an engem Kulturhaus an esou weider - et gëtt jo vill Plazen -, da gesinn déi Kanner net, wat um Comptoir geschitt. A wann déi Kanner net gesinn, wat um Comptoir geschitt, da gesäit e Mënsch am Rollstull och net, wat um Comptoir geschitt. Duerfir ass et och do erm eng kéier eng Fro vun Aménagement. Ech kann dat och esou maachen, dass deen, deen am Rollstull ass, kee Frieme muss froen, fir him eppes ze ginn oder fir de Bancomat, fir d’Kaart op den Apparat ze leeën oder wat och ëmmer, dass deen also déi Hëllefstellung net muss hunn. Voilà!

Just dat als kleng praktesch Beispiller, ëm wat et geet. Also, et gëtt vill Saachen, déi nach ze verbessere sinn am öffentliche Raum. An déi, déi am meeschte maachen, och wa mer elo am meeschte beschäftigt si mat dësem Gesetz, dat sinn nun emol d’Gemengen, d’Bâtiments publics, och d’Ponts et chaussées, de Staat, déi eeben en gros iwwerall plangen, wat de Stroosseraum ubelaangt - Parkplazen, rout Luuchten, Busarrëten, Schoulen, Spillplazen, öffentliche Toiletten, Kulturzentereen an esou weider. An d’Gemenge ginn och d’Baugeneemegung eraus, och fir déi nei reglementéiert Residenzen, da mussen se och mat dësem Hannergrond kucken.

Eleng Bâtiments publics hunn iwwer 2.000 Gebaier am Land. Dat ass jo dann e Bestand, vun deenen der jo warscheinlech vill rezent gebaut gi sinn an och gutt sinn, awer net onbedéngt alleguer. Do kennt elo en décke Pak Aarbecht op si duer.

Ech géif duerfir d’Regierung bieten, drop opzepassen datt déi noutwendeg Budgeten och do si fir déi Amengementer, fir datt een net herno Derogatiounen freet opgrond vun de Käschten, déi entsti bei engem Bauprojet. Ech weess, datt dat do elo net esou evident ass, well wann ech en aalt, klengt Haus vläicht renovéieren, wat, komm, mer soen emol, e Foyer géif ginn, da wëllt ee jo net aus enger Budgetsrumm erausspringen. Mee wann een awer vläicht misst Amengementer maachen - net datt herno gesot gëtt: „Komm mir froen eng Derogatioun, dat ass méi einfach a méi bëleg“ -, muss ee, mengen ech, drop oppassen, datt de Staat mindestens als Virreider, et ass och scho gesot ginn, seng Roll do kann huelen.

Den zweete Wonsch, deen ech hunn, ass, datt eng gutt Informatioun an och eng Formatioun an d’Weeër geleet gëtt, fir datt mer dat heiten och gutt ëmgesat kréien, datt déi zéng Joer Adaptatiounszeit, fir besonnesch de Bestand nozepräiwen an nozebesseren, genotzt gëtt. Den OAI huet schonn ugefaangen. Déi hu schonn Informatiounen gemaach, wat ganz gutt ass.

Ech hu mengem Gemengentechniker de Projet de loi gewisen. Do huet e gesot: „Jo, ech hunn dat scho gesinn.“ Bon, „gesinn“, also en hat scho Kenntnis dovunner. Dat ass jo, well et publizéiert ass, awer schonn zirkuléiert an de Kreesser. Dat fannen ech ganz gutt. Mee ech mengen, datt een eng Dokumentatioun muss maachen, déi iergendwou monderecht ass, fir et esou auszedecken, datt och Handwierker, Promoteuren, Bauentreprisen, am Fong geholl jiddereen, weess: „Ech passen dorobber op, ech muss herno net eréischtt, wann ech meng Baugeeneemegung froen, erm frësch plangen, well ech awer net oppegass hunn, an esou weider, datt een do awer wirklech iergendeppes Flottes mécht, datt ee jiddereen do matrappt. Ech sinn nämlech iwwerzeegt, datt d’Leit eigentlech wëlle matschaffen, datt jidderee motivéiert ass, fir eppes an dësem Beräich ze maachen. Jidderee weess a jidderee kennt a sengem Ëmfeld och Mënschen, déi méi Schwieregkeeten hunn, fir sech zurechtzufannen an eiser Infrastruktur.

En anere Beräich, deen ee kann uschwätzen, ass och dee vun der digitaler Kommunikatioun. Dee gehéiert net hei an d’Gesetz an ass och net dran. Mee et ass och scho gesot ginn: Fir déi Internetsitten, déi jo ënnerwee sinn, sinn Demarchen ënnerwee, fir ze soen: „Wéi kréie mer déi hin?“

An, Här President, do kéint een och als Chamber Virbildfonctioun iwwerhuelen. Da misst een natierlech dee Site weesentlech anescht maachen, wéi en haut ass, dee vun der Chamber, well en a Kontrast a Sprooch an esou weider an esou fort awer ganz schwéier accessibel ass. Souguer Leit, déi wirklech alles am Grëff hunn, ginn do schlecht eens domat. Dat muss een einfach esou soen. Dat ass kee Virwurf, et ass einfach un der Zäit, fir dorunner ze schaffen!

Et wäert bei dësem Projet och Konflikter ginn. Dat ass evident. Ech wëll e Beispill ginn, well ech de Moien dorobber ugeschwat gi sinn. Dat war ganz Zoufall. Fir eppes accessibel ze maachen am Bestand, wou een d’Trapen net kann no banne verleeën, well dat net geet, vläicht duerch Bëtongsdallen an esou weider an esou fort oder well d’Plaz

einfach guer net do ass, koud d’Demande direkt hannendrun: „Majo, da leeën ech déi gär op den Trottoir, da maacht Der mir eng Ramp op den Trottoir!“ Jo, wann ech elo hei liesen, datt dat da muss 1,50 Meter erausgoen - eng Plattform um éischten Niveau an dann eng Ramp erof -, ech dann awer en Trottoir hunn, dee schmuel ass, kann ech net onbedéngt ëmmer all Problem léisen. Dofir wësse mer datt dat hei och eng Geschicht gëtt mat Konflikter.

Duerfir ass dat mäi leschte Wonsch un d’Regierung, datt een och Best-Practice-Beispiller vun deenen innovativen Iddie gewise kritt. Et gëtt zum Beispill Trapen, déi sech kënnen leeën als Ramp, déi ee ka flaach maachen an esou weider. Do gëtt et mëttlerweil technologesch interessant Saachen. Mee et muss een et, mengen ech, einfach fachgerecht dohinnertässelen, datt et och maximal genotzt gëtt an net séier schlecht kritiséiert gëtt.

Voilà, méi wollt ech heizou net soen. Wirklech nach eng kéier e ganz grouss Merci. Hei hu ganz vill Leit, mengen ech, dru geschafft, et ass och gesot ginn, a ganz vill an technesch Reunionen d’Käpp beieneegestreckt an et ass wirklech e flotte Projet. An d’CSV ass selbstverständlech frou, dee kënnen hei mat ze ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

#### ■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Merci dem honorabelen Här Schaaf. Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn. Madamm Asselborn, Dir hutt d’Wuert.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz** (*LSAP*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Ufank wëll ech och direkt de Merci dem Rapportier fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport ginn. Dëst war e komplizéierten Text an dofir e Luef vu menger Säit fir déi gutt Aarbecht!

Erlaabt mer, ier ech op den eigentleche Projet de loi aginn, eng kleng Anekdot mat lech ze deelen. Et ass d’Geschicht vun enger Fra. Si huet mat hire Frëndinnen eng flott Traditioun. Eemol de Mount gesi si sech an hirem Stammlokal hei an der Alstad, fir zesummen e Maufel z’essen, awer virun allem och zesummen ze schnëssen. Et ass e flott Lokal, schéin ageriicht. Den eenzege klengen Nodeel ass awer, dass een, wann ee kuerz dobannen ass, fënn Träppleke muss eropgoen, well de Sall net um selwechten Niveau ass wéi d’Entréesdier.

Dat war bis elo fir d’Madamm iwwerhaupt kee Problem. Leider huet en Accident eiser Madamm e Stréch duerch d’Rechnung gemaach. Duerno sollt näischt méi si wéi virdrun. Spidol, Reha a Kiné hu vun deem Moment un hiren Agenda bestëmmt. Si hat u sech nach Chance, hunn d’Doktere gesot, mee si sollt Sequellë behalen. Si huet et vun do un net méi gepackt, sech ouni Rollator ze beweegen, a war während deene schlechten Deeg, déi natierlech och do waren, u e Rollstull gebonnen. Hiert Liewen huet vun engem Dag op deen anere komplett geännert.

Einfach Saache wéi Akafegoe waren op eemol komplizéiert an hu misse geplangt ginn. Si konnt jo net méi esou vill droe wéi virdrun a virun allem huet si Geschäfte gebraucht, wou Behënnerteparkplazen net wäit ewech vun den Diere waren. Si huet sech u sech no Repèren zréckgeseent, déi se virum Accident hat, wéi zum Beispill dat Treffe mat de gudde Frëndinnen an hirem Liblingsrestaurant. Mee do si jo dach déi Trapen!

Eis Dammen hei a menger Geschicht hu sech schwéieren Härzens en anert Lokal ausagesicht fir sech ze gesinn, eent mat enger automatescher Dier an ouni Trapen, well dat anert fir si einfach net méi accessibel war, an dat huet hinne leedgedoen.

Gutt. Ech mengen, Dir hutt verstanen, op wat ech eraus wollt, well esou, wéi ech dat hei erzielen, sollt et net sinn.

A menger Geschicht hei ass u sech relativ vereinfacht duergestallt, wéi et awer soss a villen aneren hirem Liewen net esou simpel ze meeschteren ass! Et soll net sinn, dass Leit wéinst hirer kierperlecher Verfassung a wéinst enger Behënnerung anzwousch net erakommen, well d’Konsequenz dovunner ass jo, dass d’Leit riskéieren, vun öffentliche Liewe vu vireran ausgeschloss ze ginn, ouni iergendeppes dofir ze kënnen. Dat ass déi Gesellschaft, déi mir net wëllen!

Dofir ënnerstëtze mir als LSAP selbstverständlech dëse Projet de loi, deen eis haut hei virläit. Et ass e ganz couragéierte Projet de loi, well e ganz wäit geet. Hei gi jo net just Rekommandatiounen gemaach oder sensibiliséiert, wat jo natierlech och wichteg ass an deelweis och gemaach gëtt, mee et ginn hei Obligatiounen geschafft, dass all Lieu ouvert au public fir jiddereen zougänglech soll sinn.

De Rapportier huet schonns am Detail erkläert, wéi dat Gesetz gereegelt ass a wie fir d’Aarbecht opkomme muss, an och, wéi eng Sanktiounen geplangt sinn. Dofir erlaabt mer hei e puer generell Gedanken dozou.

Well och vill privat Proprietäre vun dësem Gesetz wäerte betraff sinn, kéint een natierlech ze bedenke

ginn, dass dëst Gesetz d’Eigentumsrecht net respektéiert. Mee Kritiker kéinte jo och eventuell awenden, dass e Betrib sech net méi esou organiséiere kann, wéi en dat gären hätt oder wéi en et fir richtig fënnt. Dat wär awer ze kuerz geduecht, well all Proprietär respektiv all Bedreiwer vun engem Restaurant an engem Geschäft huet och eng Responsabilitéit. An dësem Fall ass d’Responsabilitéit, keen aus eiser Gesellschaft, ob wessentlech oder net, auszuschléissen, well dat stellt net manner wéi eng Diskriminatioun duer!

Hei geet et ëm d’Recht vu jidderengem, sech fräi beweegen ze kënnen, an dozou gehéiert och d’Recht, kënnen an de Kino ze goen, an de Restaurant oder an e Geschäft vu sengem Choix. An ech soe bewosst „jiddereen“, well dat net e Gesetz ass, wat elo just op behënnert Leit ausgeriicht ass, an dat hu jo och scho meng Virriedner gesot, och wa vill vun hinnen heivun eebe profitéiere kënnen.

Mee dësen Text ass virun allem op déi ausgeriicht, déi méi Schwieregkeeten hu fir sech ze beweegen. Dat muss net ëmmer wéinst enger Behënnerung sinn. Dat kann och temporär sinn, wann eng Persoun zum Beispill no engem Accident, wéi ech virdu gesot hunn, mat Krätschen oder engem Rollator ënnerwee ass, oder Eltere betreffen, déi mat enger Kannerkutsch ënnerwee sinn. Deemno ka jiddereen op eng gewësse Manéier Beneficiaire vun dësem Projet de loi, vun dësem Gesetz ginn.

Dofir och d’Notioun vum „design for all“, déi een hei also dann och ganz gutt erëmfënnt. A well dës Krittäre mat dësem Text elo fir Neibaute gëllen, muss mer do op eng nei Aart a Weis an eise baulechen Iwwerleeunge virgoen. Et ass eng aner Grondphilosophie, déi mir, awer och déi privat Bauhäre sech mussen uneegnen, eng Philosophie, déi net just als behënnertegerecht betruecht sollt ginn, mee déi ee méi generell als mobilitéitsgerecht qualifizéiere soll, well et geet jo hei wéi gesot, an dat widerhuelen ech ëmmer erm gär, net just ëm Behënnerung, mee eng Mobilitéit vu jiddwer Eenzelnem.

A wou dësen Text elo besonnesch wäit geet, ass, dass net just déi baulech Mesuré festgeluecht ginn, mee en och dem Eenzelnem d’Recht gëtt, e sougenannten „aménagement raisonnable“ unzefuerderen. De Max Hahn huet och schonn drop higewisen. Do ass et jo da wuel un der Ministesch an och um Conseil consultatif de l’accessibilité, op deen ech herno nach weider zréckkommen, eng Decisioun ze huelen. Et gi jo och Méiglechkeete vun Derogatiounen. Mee et kann awer net sinn, dass e Proprietär vun engem Lieu ouvert de Problem einfach ignoréiert, wann eng Persoun hien op eng bestëmmte Situatioun opmierksam mécht, wou d’Accessibilitéit net garantéiert ass. Dat ass eng grouss Stärkung vun de Leit mat Behënnerung respektiv, wéi ech grad gesot hunn, mat ageschränkter Mobilitéit a selbstverständlech dierft dat och déi Associatiounen stärken, déi sech fir hir Rechter asetzen.

Wat d’baulech Moosnamen ubelaangt, déi mat dësem Gesetz och fir besteeënd Gebaier noutwendeg ginn, kann et eventuell zu Diskussiounen kommen, virun allem elo an enger Zäit, wou et och Patronen am Horeca-Secteur wéinst der Pandemie nach méi schwéier wäerten hu wéi soss. Mee iergendwann muss ee jo awer den éischte Schrott maachen an et gi jo och laang Fristen aageplangt, bis wéini dass déi verschidde Lokaler oder Gebaier, déi ënnert d’Gesetz falen, mussen ëmgebaut ginn.

A verschiddene Fäll ass dat vläicht och méi séier gedoen an et braucht ee vläicht just eng kleng Ramp ze maachen. An anere Fäll ass et awer och vläicht méi komplizéiert. Am Text ass jo dann och eng Zäitspan vun zéng Joer virgesinn an ech denken, dass dat och ganz rasonabel ass.

Dofir ginn et jo dann och Hëllef. Déi kënnen och, et ass schonn erkläert ginn, bis zu 50 % vun de Käschten ausmaachen a bis maximal 24.000 Euro. Eng Demande, fir vun esou enger Hëllef ze profitéieren, muss een dann an deene fënn Joer maachen, nodeems d’Gesetz elo a Kraaft getrueden ass, an och do besteet jo dann e bësse Sputt.

Hei wär et wichteg, déi betraffe Leit och gutt ze informéieren. Dofir sinn ech frou, dass eis an der Familljekommissioun verséichert ginn ass, dass de Ministère an Zesummenaarbecht mam OAI, mam Ordre des architectes, an och der ASBL ADAPTH e Guide ausschaffe wäert, fir all d’Proprietäre vun engem Lieu ouvert au public iwwert hir nei Obligatiounen ze informéieren. Dat ass eng ganz gutt Saach!

Just Informatiounen iwwert dat neit Gesetz wäerten natierlech net duergoen. Do mussen dann och konkret Léisungsvirschléi virbereet ginn. Mee wann ech gesinn, wéi eng Aarbecht haut schonns d’ASBL ADAPTH mécht, dann ass et mir do net baang. Op hirem Site ass souguer schonns eng Plaz virbereet, fir iwwert dat neit Gesetz ze kommunizéieren, soubal et a Kraaft wäert sinn. Dozou och e klengen Opruff vu mir: Et muss séchergestallt sinn, dass d’Associatioun ADAPTH och an der Zukunft déi néideg Moyene wäert hunn, fir hirer Aarbecht gerecht nozekommen, well un Aarbecht feelt et hinnen elo schonn net. Sou kann een an hirem



Rapport d'activité noliesen, dass si 2020 ingesamt 756 Clientë betreit hunn, dovunner war déi grouss Majoritéit, dat waren der 680, Privatpersounen. Déi aner Fäll waren a Relatioun mat Ministère, Associatiounen oder Privatgesellschaften.

Et ass jo dovunner auszegoen, dass dës Kategorie vun Demanden an den nächste Joren, opgrond och vun dësem Gesetz, bestëmmt staark klamme wäert. Parallel ass awer net dovunner auszegoen, dass d'Nofro vu private Persounen wäert erofgoen. Sait 2017 geet nämlech d'Unzuel vun den Demandë vu private Leit alljoers an d'Luucht. Dozou kënn, dass ADAPTH och elo selwer déi technesch Expertise fir d'Assurance dépendance mécht, déi bis elo vun engem privaten Ingenieursbüro realiséiert gi sinn.

Just als Erklärung: Sait der Aféierung vun der Assurance dépendance am Joer 1999 ass ADAPTH fir Expertisen zoustänneg betreffend d'Adaptatioun vu Logementer an techneschen Hëllef. Sait 2012 funktionéiere si och als Kompetenzzenter betreffend d'Accessibilitéit vun de Gebaier, wou et also konkret drëms geet, d'Konzept vun „design for all“ a Musek ëmzesetzen.

Interessanterweis steet an hirem Rapport d'activité fir 2020 och schonns, dass si vill vun Architekten- oder Ingenieursbüro sollicitéiert ginn, fir Interventionen en vue vun der Applikatioun vun dësem Text virzehuelen, obwohl dëse jo nach guer net a Kraaft ass, dëst fir ze verhënneren, dass d'Gebaier, déi grad an der Planung sinn, spéider misste geännert ginn, fir konform mat dësem Gesetz ze sinn.

Ech denken, dat weist, an dat sot, mengen ech, och den Här Schaaf schonn, dass mir um richtege Wee sinn an dass do och eng gewëssen Akzeptanz fir de Sujet bei de Professionellen aus dem Secteur ass. Well ouni dat gëtt et ganz schwier, dat heite Gesetz ëmzesetzen.

**(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)**

Mee déi besch Informationen hëlleft nëmme weineg, wann een net héiere wëllt. Dofir eng kleng Suggestioun och nach vu menger Sait: Wäer et net méiglech, e Programm opzustellen, wou betraffte Propriétaire respektiv Bedreier sech missten an d'Lag vun enger Persoun mat ageschränkter Mobilitéit eraversetzen, fir hinnen ze weisen, wéi schwier reg den Alldag fir dës Persounen ka sinn? Et gi jo schonn esou Initiativen an déi Richtung gemaach, wou zum Beispill eng Persoun an engem Rollstull fuere muss oder d'Ae verbonne kritt, fir da selwer um Kierper matzekréien, wéi komplizéiert d'Situatioun ka sinn. Ech mengen, d'Madamm Ministesch selwer an och Deputéierter hate schonn d'Geleeënheet, fir dat auszuprobéieren, an ech denken, dass dat eng ganz gutt Erfahrung war an dass een dat och kéint weider ausbaue fir Leit, déi dat wëllen.

Et ginn och ganz flott Formatiounen - ech weess dat vu Personal aus dem Gemengesecteur -, wou och op d'Problematik higewise gëtt, wéi d'Leit mat enger ageschränkter Mobilitéit an eng Gemeng erakommen zum Beispill. Och do ass d'Saach vum Comptoir, wéi den Här Schaaf gesot huet. Do ass ganz schwier, wann eng Persoun am Rollstull erakënn, an d'Gemeng an eng Demande huet an e gesäit net. Dat heescht, all déi Initiative si wichteg fir ze hëllef, d'Propriétaires, d'Bedreier an einfach jiddwereen dovunner iwwerzeegt ze kréien, dass et net vu Muttwëll ass, wann zum Beispill eng Ramp muss gebaut ginn oder eng Toilette accessibel gestallt muss ginn.

Natierlech ass och net ëmmer alles méiglech. Do muss ee jo och realistesch sinn. Dofir gesäit d'Gesetz jo dann och Derogatiounen vir, awer nëmmen am Fall vu Gebaier, déi schonns bestinn. Leider ass dat net iwwerall méiglech. Ech denken do zum Beispill u Schlässer oder soss Gebaier, déi ënner Denkmalschutz stinn, an dat steet jo och esou am Gesetz festgeschriwwen, dass dat eng Ausnam ass.

Mee et ginn och aner Beispiller an ech wëll och vun engem Beispill aus menger Gemeng zielen. Do gëtt et eng Passerell, déi zu Biele iwwert d'Schinn féiert an déi u sech duerch Träpen accessibel ass. Zu zwou Säiten, op där enger Sait vun Kierfecht an op där anerer Sait vun eise Geschichts- a Kulturhaus, déi déi Passerell verbënt, si Behënnerteparkplazen. Mir hunn do als Gemeng analyséiere gelooss, ob een do kéint op deenen zwou Säite Rampen oder Lifter opstellen. Mee dat ass enger-säits technesch komplizéiert, well et direkt nieft der Eisebunn ass an och e gréisseren Héichtenënnerschied besteet, mee anerersäits géif et och extreem deier ginn. En plus hu mer gekuckt, dass de Wee ronderëm, wann d'Passerell net benotzt gëtt, just 60 Meter méi wäit ass, an do hu mer decidéiert, elo net dodran ze investéieren.

Mee an Zukunft wäert eis an esou Fäll och de Conseil consultatif de l'accessibilité kënnen beroden, deen och elo mat dësem Gesetz geschafe gëtt. Dozou och eng Remark: Et ass gutt, dass mat dësem Conseil e Gremium geschaaft gëtt, dee sech ausschliesslech mat der Accessibilitéit wäert beschäftegen. Dat weist alt erëm eng kéier, wéi eng Wichtegkeet dës Koalitioun der Thematik gëtt.

Mee et muss een och sécherstellen, dass dëse Gremium elo net, besonnesch am Ufank, vun Ufroen bombardéiert gëtt an dass et da laang dauert, bis en Avis publizéiert ka ginn. Well et ass wichteg, fir Gemenge souwéi och fir déi aner betraffe Propriétaires, an engem rasonabelen Delai eng Äntwert ze kréien, an natierlech och, fir kënnen vun de finanziellen Hëllef ze profitéieren.

Well d'Gemengen awer iwwer vill Gebaier verfügen - ënner anerem, soen ech emol, e Veräinshaus, wat vläicht e bëssen an d'Jore komm ass -, ass dovunner auszegoen, dass eleng vun där Sait wäert eng ganz grouss Quantitéit un Demandë kommen an dass et sech net ëmmer wäert ëm einfach Froen handeln. Och hei muss mer eis also deemno Moyene ginn, fir dat meeschten ze kënnen.

Gutt fannen ech weider, dass et méiglech ass, dass a bestëmmte Fäll eng Solution d'effet équivalent ka fonnt ginn, wat net heescht, dass näischt soll geschéien, mee dass een heiansdo ka Léisunge fannen, déi méi bëleg ginn, wéi zum Beispill e Lift anzebauen. Et kéint een zum Beispill e Service oder souguer an enger Schoul eng bestëmmte Klass op de Rez-de-chaussée verleeën, fir dass een do besser accessibel ass. Déi Philosophie huet iwwerengs och de Conseil supérieur des personnes handicapées a sengem Avis zum Gesetzestext gelueft. Well och dës Solutions d'effet équivalent kënnen net nëmmen op Guldünke vum Propriétaire oder vun der Gemeng geschafe ginn, mee müssen dann och vum Conseil consultatif guttgeheescht ginn.

Här President, da wollt ech nach e Wuert zum Logement soen, an dat, mengen ech, ass och vum Här Hahn scho gesot ginn: Gutt, dass dat Gesetz virgesäit, dass d'Residenzen ab enger gewëssener Gréisst - zrëckbehalte gi Gebaier mat fënnf Unitéiten an dräi Etagen - dann und müssen de Krittere vun der Accessibilitéit entsprechen, zumindest wat d'Entrée an déi gemeinsam Dealer ubelaangt. An da müssen op d'mannst 10 % vun de Logementer fir Persounen mat ageschränkter Mobilitéit zougänglech sinn. Dat ass extreem wichteg an enger Gesellschaft, déi ëmmer méi al gëtt a wou verschidde Leit, dat muss een esou soen, och heiansdo Wunnengen als Seniorewunnengen op de Marché bréngen, déi vu Seniorewunnengen just den Numm hunn.

Da wollt ech och nach, ier ech zum Schluss kommen, eng kleng Klamer opmaachen. Dat heien huet elo net direkt eppes mam Gesetzestext ze dinn an awer ass et a mengen Aen e wichtegt Element, wann et ëm d'Accessibilitéit geet. Ech denken do un d'„leichte Sprache“, et ass och schonn ugeklungen. Et kann ee mat gudder Piktogrammen oder Logoe besser kommunizéiere wéi mat laangen Texten. Och dat ass eng Fro vun Accessibilitéit, well et eebe vill Leit gëtt, déi déi dach schwéier verdaulich administrativ Sprooch, och wann et heiansdo just vereenzelt Termë sinn, net ëmmer gutt verstinn.

Fir just e Beispill ze ginn: Wie weess haut nach, deen net op enger Gemeng schafft, dass et en Officier de l'état civil gëtt a wat dee mécht? Dozou kënn dann och nach déi sproochlech Barrière an engem Land, wou mer iwwer 40 % Ausländer zielen - wat natierlech flott fir eis Diversitéit ass, mee dat mécht eis et net ëmmer einfach, wat d'Sproochen ubelaangt. Dofir sinn ech der Meinung, dass mir och an deem Beräich nach weider Fortschritter musse maachen.

Ech sinn dofir och frou, dass d'Regierung op de Wee geet, fir e „centre de la communication accessible à tous“ opzebauen. D'Zil vum Zentrum wäert sinn, de Gebrauch vun der sougenannter „leichten Sprache“ ze förderen, enger Sprooch, déi et erméigleche soll, zum Beispill Informatiounen oder administrativ Formulairë méi verständlech fir jiddereen ze maachen. Well nëmmen eng Persoun, déi déi Informatiounen, déi se kritt, och verstoe kann an déi sech selwer ausdrécke kann, ka sech an der Gesellschaft integréieren. Och dat ass fir mech eng Fro vun Accessibilitéit. Klammer zou.

Ech kommen dann zum Schluss nach eng kéier op meng Anekdot vum Ufank zrëck. Dës Madamm, och wa se Pech hat mat deem Accident, huet awer Gléck, dass si op Frëndinnen ziele kann, déi si ënnerstëtzen. Dat ass bei Wäitem net bei jiddweregem de Fall. Dofir ass et vun immenser Wichtigkeit, dass mir eis als Gesellschaft d'Moyene ginn, dass keen einfach esou ausgeschloss ka ginn, just well en net op eng Plaz kann hikommen, wou en eigentlech hiwëllt. An dës Geschicht weist och, dass et eigentlech jiddereen treffe kann.

Dofir ënnerstëtze mir als LSAP dëse Projet de loi, deen eis Gesellschaft wuertwierlech wäert méi oppe fir jiddweree maachen. Domat géif ech dann heimat den Accord vu menger Fraktioun ginn, ier ech awer nach jiddweregem wëll Merci soen, dee sech all déi Jore fir dës Thematik agesat huet, an ech lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Asselborn-Bintz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Här President, Madamm Ministesch, ech zitieren den éischten Artikel vun der UN-Behënnertrechtskonvention: „Zweck dieses Übereinkommens ist es, den vollen und gleichberechtigten Genuss aller Menschenrechte und Grundfreiheiten durch alle Menschen mit Behinderungen zu fördern, zu schützen und zu gewährleisten und die Achtung der ihnen innewohnenden Würde zu fördern.“ An iwwer wie schwätze mer dann hei eigentlech? Dee selwechten Artikel bezechent et esou: „Zu den Menschen mit Behinderungen zählen Menschen, die langfristige körperliche, seelische, geistige oder Sinnesbeeinträchtigungen haben, welche sie in Wechselwirkung mit verschiedenen Barrieren an der vollen, wirksamen und gleichberechtigten Teilhabe an der Gesellschaft hindern können.“

Oft denke mer am Kader vun der Accessibilitéit u Menschen am Rollstull, wat awer effektiv der Grupp u Betraffenen net ganz gerecht gëtt. Accessibilitéit betrëfft och Mënsche mat Héierschied, Mënschen, déi kognitiv Defiziter hunn, Leit, déi Gläichgewichtsstéierungen hunn. An dat sinn net just eeler Leit, mee beispillsweis och Leit, déi scho fréi am Liewen e Schlag erlidden hunn an e Liewe laang an hirer Motricitéit ageschränkt sinn.

Geneesou divers wéi d'Mënsche sinn, kënnen och hir Schwierigkeete sinn, fir duerch d'Welt ze goen. A ganz am Kontext vum „design for all“ ass et den éffentleche Verwaltungen hir Pflicht a Verantwortung, fir Barriären ofzebauen an eist Ëmfeld, eis Lieu-publicken, eis Gebaier an Transportmëttelen esou ze gestalten, dass se fir jiddereen notzbar sinn. Well Inklusioun heescht, dass eis Gesellschaft sech un d'Besoinen vun all de Mënsche soll upassen, an net, dass Mënschen, déi e spezielle Besoin hunn, sech müssen un d'Gesellschaft upassen.

Vun Inklusioun profitéiere mer schlussendlech alleguer, sief et, well jo zum Beispill och Eltere mat der Kutsch Zougang zu engem éffentleche Gebai kréien, oder, an dat ass vill méi wichteg, eis Gesellschaft méi villfältig an oppe gëtt, wann och jiddereen kann drun deelhuele.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Dës moralesch Pflicht am Sënn vun eiser Diversitéit an eise inklusiven Denken mécht dëse Gesetzestext esou pertinent wéi dréngend. Et gouf laang drop gewaart an et ass e wichtige Bestandteil vun der Ratifizierung vun der Behënnertrechtskonvention, wou och am Staatebericht vun 2017 zur Anhalung vun der Behënnertrechtskonvention dätlech drop higewise gouf, dass dëst Gesetz feelt a muss ëmgesat ginn.

Heizou vermierkt den UN-Ausschuss Folgendes, zum engen: „im Bereich Zugänglichkeit Rechtsvorschriften sowie politische Maßnahmen einzuführen, die in Einklang mit dem Übereinkommen stehen, die geeignete Durchsetzungsmechanismen beinhalten und die auch öffentliche und private Gebäude, den Zugang zu Notrufdiensten, öffentliche Verkehrsmittel und die Infrastruktur betreffen“.

Duerch dëst Gesetz gëtt also endlech e weesentleche Schrëtt no vir gemaach, fir physesche Barriären am éffentleche Raum ofzebauen. An zesumme mam geplannten Zentrum fir alternativ Kommunikatioun soll insgesamt e besseren Zougang och zur Informatioun an zur Kommunikatioun fir Mënsche mat Beanträchtegeunge gi ginn.

2018 hu mer an deem Kontext, a meng Virriedner hunn et och scho gesot, zum Beispill d'Gebäerdesprooch als vollwärtig Sprooch unerkannt, an dat ass en immens wichtige Schratt gewiescht fir d'Onofhängegkeet vu Mënschen, déi net oder schlecht héieren. En autonomt a gläichberechtigt Liewen däer jo net nëmmen e Privileeg si vu Leit, déi héieren. Och Mënschen, déi net héieren oder schlecht héieren, müssen autonom a selbstbestëmmt kënnen liewen.

Dozou gehéiert natierlech och, e gläichberechtigten Zougang ze hunn zu den Informatiounen, zur Educatioun, zur Weiterbildung an zur Kultur, dem Sport an zum gesellschaftleche Liewen. Dat gëllt och fir dëst Gesetz haut. A wa mer dat haut maachen an den Alldag vu Betraffenen thematiséieren an d'Gesellschaft allgemeng drop sensibiliséieren, da maache mer och e ganz groussen Deal, fir Barriären, Mëssinformatiounen a Stigmata ofzebauen. Mee dat geet net duer! Dës Efforten, fir d'Barriären an de Käpp ofzebauen, gi weider. An hei hunn och mir hei an der Politik eis Roll ze spillen.

Wat betrëfft also dëst Gesetz elo? Den Här Rapport huet et scho ganz am Detail erkläert. Et bezitt sech op nei Gebaier oder Liewen, déi gebaut ginn, mee awer och op bestoend Strukturen. An dës bestoend Strukturen hunn zéng Joer Zäit, fir mam Gesetz konform ze ginn an d'Accessibilitéit ze garantéieren. An der Praxis awer ass besonnesch bei bestoende Gebaier a Lieu-publicken dëst guer net ëmmer esou einfach ëmzesetzen. Dowéinst gesäit d'Gesetz d'Méiglechkeet vir, fir d'Solution d'effet équivalent en place ze setzen.

Och kann et virkommen, dass d'Mises en place vun esou Solutiounen net ëmsetze sinn, dëst bei-

spillsweis, wa se am Konflikt mam Denkmalschutz stinn. An esou Fäll kann eng Derogatioun ugefrot ginn. D'Krittären heifir si ganz kloer am Gesetz, wat mer haut stëmmen, definéiert: Entweder, et ass technesch onméiglech, eng Léisung virzegesinn, oder dëst huet disproportional Käschten, déi se mat sech bréngen, oder, drëttens, an ech sot et schonn, de Patrimoine culturel et historique muss geschützt ginn.

Dës Méiglechkeete bezéie sech wuelgemierkt reng op bestoend Strukturen. An nei Gebaier, déi ab elo gebaut ginn, hu keng Méiglechkeet, fir Derogatiounen unzefroen.

Eng weider wichteg Neierung, déi dëst Gesetz mat sech bréngt, ass de Poste vum Contrôleur technique en accessibilité. Dëse Poste geet zesumme mat dem Contrôle de conformité, deen an Zukunft bei sämtleche Projete muss ugefrot ginn a vum Contrôleur muss zougestan ginn. Déi Persounen kréien heimadder natierlech e wichtige Rôle bei de Conceptionne vu Chantieren a Bauprojeten, well si sinn d'Experten, wat déi verschidde Solutiounen fir d'Accessibilitéit ugeet, a si si vun der Planung iwwert d'Ëmsetzung bis zur Kontroll och fir dann dëse wichtige Volet zoustänneg.

Op enger Metaebene gëtt des Weideren de Conseil consultatif de l'accessibilité gegrennt, deen zur Missioun huet, de Ministre de tutelle - an eise Fall de Familljeministère - ze beroden, Avisen ofzeginn, bei deenen d'Accessibilitéit en Theema ass, iwwert déi virdu beschwaten Derogatiounen wéi och d'Solution à effet d'équivalent ze aviséieren.

An dësem Conseil setzen nieft de Verrieder/innen vum Ministère awer och Verrieder/innen aus Organisatiounen, déi sech fir Mënsche mat Beanträchtegeungen asetzen oder mat hinne schaffen. Dëst ass elementar, fir der Zivilgesellschaft an de Betraffenen hei eng direkt Stëmm ze ginn an hir Realitéiten, déi si besser kenne wéi jiddereen vun eis, mat de Projeten zesummenzebréngen.

Evidenterweis bréngt dëst Gesetz a senger Suite zousätzlech Käschten mat sech, Käschten, déi, gesellschaftlech gekuckt, keng sinn, well d'Plus-value un Inklusioun a Gläichberechtigung vun all Eenzelmen net monetär ofzeweie ass. An trotzdem ass et evident, dass d'Gemengen, de Staat, Entrepreneuren, mee och privat Strukturen an Haiser hei mat Käschten fir den Aménagement konfrontéiert sinn. Dofir subventionéiert de Familljeministère dës Aarbechte mat 50 % vun de Käschten an engem Deckel vu 24.000 Euro.

Ee Punkt, deen ech wëll explizitt ervirhiewen, ass d'Introductioun vun Quota vun 10 % bei Logements d'habitation collectifs, also Apparementshaier mat méi Wunnunitéiten, wou effektiv müssen 10 % vun de Wunnengen accessibel a behënnertgerecht amenagéiert ginn. Mir all diskutéiere ganz oft iwwert d'Logementssituatioun a wéi schwéier et ass, eppes ze fannen, wat bezuelbar ass, connectéiert a senge Besoinen entsprécht. Fir eng ganz Rei Leit hei am Land kënn en zousätzleche Facteur derbäi, an zwar, dass hir Wunneng un hir spezifesch Besoinen muss ugepasst sinn. Dofir ass d'Introductioun vun dëser Quot enorm wäertvoll, nottamment well an Zukunft mat ëmmer méi eelere Mënschen och ëmmer méi Mënsche mat Accessibilitéitssueren anzwousch wunne müssen. An dëse Punkt gëtt och ganz besonnesch vum Conseil supérieur des personnes handicapées positiv ervirgestrach a mir ralliéieren eis un hiren Avis.

Wa mir haut iwwert dëst wichtegt Theema vun der Accessibilitéit schwätzen, géif ech gären d'Bréck schloen zu enger Debat, déi mer virun enger Rei Méint op Initiativ vu menger Kolleegin Chantal Gary gefouert hunn. Et ass ëm d'Inklusioun am Sport gaang. Hei gouf nottamment drop higewisen, dass a puncto infrastrukturell Léisunge fir eng besser Inklusioun vu Mënsche mat Beanträchtegeunge nach Loft no uewen ass.

Dëst Gesetz couvriert jo d'Établissements destinés à la pratique du sport et de la vie en plein air, also Spill- a Sportsplazen dobaussen. A puncto aner Sportarten sinn awer vläicht och weiderhin nach Nobesserungen ze maachen. Huele mer als Beispill um Kierchbiert am Rehazenter d'Schwämm, déi nottamment och iwwer en Heebelift verfüügt. Do ass dann natierlech d'Fro, wéi sech dëst Gesetz an dësem Beispill op aner Schwämmen applizéiert. Mir wëssen alleguerten, dass vill Mënsche mat Beanträchtegeungen a verschiddene Krankheeten a Motricitéitsproblemer gären an eng Schwämm ginn, fir hir Bewegung kënnen do auszeüben.

Wäerten nieft der Accessibilitéit an de Vestiaires an den Dusche beispillsweis och Heebelifter a sämtleche Schwämmen an Zukunft ze fanne sinn? Dëst wäer eng flott Moosnam, fir an dësem konkrete Beispill d'Inklusioun am Sport ze stäerken, a géif wichteg Äntwerten op den Debat, dee mer deemools gefouert hunn, liwweren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Här President, Kolleginnen a Kollegen, haut stëmmen mer e ganz wichtegt Gesetz an dëser Legislatur an ech wëll der



Regierung ganz häerzlech dofir felicitéieren. Mir hunn als Gesellschaft d'Flicht, net just Barriären ofzebauen, mee och selwer net derfir ze suergen, dass neier derbäikommen. Dozou gehéiert d'Deklinéiere vun der Inklusioun op allen Niveauen: an eise Käpp, an eise Schoulen a Betreuungsstrukturen, an der Infrastruktur an och op der Aarbecht. Ech si mer sécher, mir kennen alleguerten heibanne Beispiller, wou eis dat nach net zu 100 % geléngt.

Loosst eis dës Etapp hei als neien Encouragement notzen, fir eis ze hannerfroen, fir ze préiwën, wou mir heibanne kënnen nobesseren, fir op d'Spillplazen an eise Gemengen ze goen an ze kucken, ob och wirklech all Kand hei spille kann, fir an den ëffentlechen Transport oder an ëffentlech Toiletten ze goen an opmierksam a sensibel dofir ze sinn, ob wirklech jiddereen dës benotze kann.

Mir hunn nach e Wee ze goen an d'Opklären an d'Sensibiliséierung si ganz sécher kruzial heifir, dësen Defi sollte mer gemeinsam ugoen.

Ech wëll dem Här Rapporteur Max Hahn e ganz grouss Merci soe fir säi kompletten, kloren an engagéierte schrëftleche wéi mëndleche Rapport. Mee ech wëll awer och alleguerten déi net vergiesen, déi sech mat vill Asaz fir dëst Gesetz an dës Cause berufflech wéi benevöll staarkmaachen. Dëse Moment haut ass virun allem Äre Moment.

Ech ginn heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Madamm Bernard. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup (*ADR*).** - Merci. Merci, Här President. Wéi ech elo hei nogelauschtert hunn a Richtung Podium gekuckt hunn, dunn ass mer opgefall, dass hei, wat mer bis elo net opgefall war, och e klengen Träpplek ass fir eropzekommen. An ech kéint mer virstellen, an ech mengen, de Fall war jo nach net, dass e Mann oder eng Fra, déi un e Rollstull gebonnen ass, hei an der Chamber war, mee wa mer dat eng Kéier hätten, da misste mer och hei am Gebai eng Partie Saachen awer a Fro stellen. Dat emol einfach direkt gesot, dass et awer oft net esou einfach ass an dass een oft net direkt dorunner denkt. Mee elo hei an dësem Kontext, wann een driwwer schwätzt, da passt ee vläicht grad dee Moment och besser op esou Saachen op.

Merci op jidde Fall och emol dem Rapporteur. Ech mengen, et ass e ganz komplext, grousst Gesetz, dat heiten. Hien huet dat gutt erkläert, op de Punkt bruecht. Et geet natierlech vill méi wäit an, wéi och scho virdru gesot, et sinn eng Partie Saachen do, wou een nach muss kucken, wéi dat an Zukunft och ka praktesch ëmgesat ginn. An dat wäert doudsécher och net ouni Problemer goen.

Selbstverständlech wäerte mir dëse flotte Projet hei mat ënnerstëtzen. Et ass absolutt un der Zäit, dass dat kënnt. Wann een zrëckkuckt, fréier, ech soen elo mol, virun 20, 30, 40 Joer, do war dat jo nach guer net esou do, dat Bewosstsinn. Do war ee wirklech iwwerall, wou een higaangen ass, mat Problemer konfrontéiert, a mir haten also dee Moment wirklech keng, wat een nennt, barriärefräi Gesellschaft. An déi Leit, déi eng Behënnerung hatten, déi waren ëmmer immens geplot.

Do ass vill geschitt an de leschte Joren a Joerzéngten, dat ass ganz kloer. Mee et bleiwen natierlech och haut nach eng ganz Partie Problemer wéi zum Beispill, dass a ville Restauranten, wat engem net direkt opfällt, et dann u rollstullgerechten Toilette feelt. A villen Dokteschpraxissen, grad do, wou et wichteg ass, felt et dann och un den néidegen Adaptatiounen fir Leit, déi am Rollstull kommen oder soss iergendwéi en Handicap hunn.

An et si jo och ganz vill Leit, déi zum Beispill am Alter Problemer kréien, fir sech ze beweegen, sou dass dat eigentlech jiddweree vun eis fréier oder spéider kann treffen.

Dann ass och fir blann Mënschen haut nach ëmmer d'Situatioun op ville Plazen problematesch. D'Notze vun ëffentleche Verkéiersmëttel ass oft eng grouss Erausfuorderung, besonnesch och bei Busarrëten, wou et net ëmmer esou einfach ass, sech do zurechtzefannen.

Dann ass et och nach ëmmer problematesch, wann een op eng Plaz geet a senger Fräizäit, ob dat elo Kino ass, Theater, eng Sportsmanifestatioun. Och do ass d'Accessibilitéit net ëmmer déi, déi se kéint sinn oder misst sinn. A wann d'Accessibilitéit do ass, dann ass et dach oft esou, dass dann zum Beispill déi Persoun, déi am Rollstull sëtz, ganz isoléiert ass fir sech an zum Beispill déi Leit, déi mat hir dohinnerginn, sech dann net bei si geselle kënnen. Et ass net ëmmer einfach ze léisen. Mee dat sinn awer Problemer, déi ee misst opgräifen an déi eis missten alleguer méi an d'Bewosstsi kommen.

Och natierlech ëmmer nach e Problem hu Leit mat Behënnerung, déi verreeze wëllen, dat zum Beispill mam Zuch, wou se sech da mussen umelle matzäi-

ten. Och do ass d'Situatioun nach net ëmmer déi, déi se am Fong misst sinn a kéint sinn.

Ech hunn et och gesot: Wann een net selwer beträff ass, dann huet een net déi richteg Erfahrung. Et kënnt emol vir, dass ee vläicht eng Verletzung huet, dass ee sech e Bee brécht, an dann op eemol, da kënnt dat méi an d'Bewosstsinn. Dat sinn dann, wéi soll ech soen, an deem Mëssstand, deen een dann huet, trotzdem wäertvoll Erfahrungen. Genee wéi de Jean-Paul Schaaf et och virdru sot, ech mengen, wann ee Kanner huet, an ech sinn och mat de Kutsche ronderëmgelaf e puer Joer, da mierkt een, wéi schwéier et ass um Trottoir, da mierkt een emol, wéi vill Autoen a wéi vill Camionnettë permanent um Trottoir stinn. Da mierkt een emol, wéi e Schantjen - an d'Land ass jo voller Schantercher, allgemeng gëtt jo iwwerall gebaut - iwwerall eng ganz schwierig Situatioun ass fir déi Leit, déi iergendwéi, soe mer mol, en Handicap hunn.

Dëst Gesetz ass also ganz wichteg. Et probéiert, esou wäit wéi méiglech eng garantéiert barriärfrei Beweegung eeben erbäizéieren, an dat, wéi gesot, zousätzlech an neie Gebaier mat Rampen, ugepasste Parkplazen - do kommen ech nach drop zrëck, Parkplaze si wichteg -, Lifter, Piktogrammen, akusteschen Informatiounsquellen. Och dat ass eppes, wat déi leschte Joren eréischt opkomm ass a wat awer elo, mengen ech, systematesch ëmmer méi agefouert gëtt. An och do musse mer oppassen, well bei akusteschen Informatiounsquellen, do stellt sech jo dann och d'Fro, an dat ass jo e bëssen ugeschwat ginn hei vu verschiddene Virriedner, vun der Sprooch, déi een do benotzt.

Theoreetesoch misst een dat a Lëtzebuerg schonn op e puer Sproochen maachen. An ech wëll och an deem Kontext un dat erënneren, wat virdru gesot ginn ass vun der Madamm Asselborn, an dat sinn d'Sproochen, déi mer hei hunn. Mir hu gesot: „Et ass eng grouss Diversitéit.“ Mir hunn awer nach ëmmer ganz vill Plazen, wou just eng Sprooch benotzt gëtt: op Schëlter, op Beschriewungen.

An deene meeschte Gemenge sinn d'Internetsäite just eesproocheg. Dat ass jo awer och eppes, wat net ideal ass. Ech mengen, all Informatioun sollt esou sinn, dass kee sech do ausgestouss fillt.

An eigentlech misste mir et da fäerdegbréngen, dass mer hei all d'Internetsäite vu Staat a Gemeng och a méi Sproochen kéinte presentéieren. Dat dierft jo awer de Budget net sprengen, d'autant plus dass dat hei jo awer eppes ass, wat vill Milliounen wäert kaschten, da misst dat jo awer maachbar sinn. Also, hei musse mer och eppes maache fir d'Méi-sproochegkeet.

Et ass natierlech net onbedéngt einfach, dat hei. Dat bezitt sech dann och op Restauranten, op Geschäfte, op kleng Commercer. Ech denken do einfach un e klengen, alen Duerfbistro, wou souwisou just véier, fënnef, sechs Leit eraginn. Dat kann net esou einfach ginn, fir dat ëmzesetzen. Ëmbaugarbechte sinn net ëmmer méiglech, se sinn och mat héije Käschte verbonnen. Do musse mer elo kucken, wat d'Zukunft eis eeben do wäert weisen.

Mee summa summarum, mengen ech, ass dat heiten e ganz flotte Projet, dee mer op jidde Fall mussen ënnerstëtzen a wou mer mussen drop hischaffen, dass d'Situatioun sech verbessert.

Zum Schluss nach eppes, wat mer virdrun agefall ass, wat vläicht vergiess gëtt an der Aktualitéit, wa mer grouss Projekte plangen. Mir probéieren dat jo dann ëmmer alles esou ze maachen, dass dat zukunftsgerichtet ass, nohalteg, ëmweltgerecht, klimagerecht. An ech hu mer do iwwerluecht, datt jo awer ganz vill Leit, déi eng Behënnerung hunn, wirklech ugewise sinn op hiren Auto. An dunn hunn ech mer zum Beispill geduecht: Elo baue mer Saache wéi Elmen, alles schéin a gutt, mee do mussen d'Leit 200, 300 Meter goen, fir bei en Opfangeparking ze kommen. An ech froe mech einfach, ob et net eng Iddi wier, fir zum Beispill do eng Partie Haiser oder Wunnenge virzegesinn, wou d'Leit awer kënnen hiren Auto virun der Dier parken, fir grad esou och behënnergerecht ze sinn, an dat net nëmme bei deem dote Projet, mee och bei anere Projekten dierfte mer net vergiessen, dass den Auto ganz wichteg ass fir vill Leit mat Behënnerung.

Dat gesot soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a mir ginn eisen Accord. Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Ech wëll den Här Keup net vum Riednerpult entloossen, ouni dass ech em wëll soen, datt et eng Ramp gëtt, fir bei d'Riednerpult ze kommen, déi een do kann hileeën. Merci villmools, Här Keup.

■ **M. Fred Keup (*ADR*).** - Merci, Här President.

(*Hilarité*)

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (*LSAP*).** - D'Madamm Cecchetti kann och vläicht weisen, dass d'Riednerpult erop- an erofgeet souguer, gellt.

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*).** - Jo, et geet och erop an erof, ganz genau.

Här President, 2001 gouf et eng éischt gesetzlech Tentative, fir derfir ze suergen, datt Leit mat Handicap an hirem Alldag net méi u physesch Barriäre stoussen, fir sech kënnen ze deplacéieren, fir ze restauréieren, ze logéieren, anzekafen, fir sech ze erhuelen, ze forméieren oder fir hiren administrative Verpflichtunge kënnen nozegoen. Am Fong ass dat Normalst, wat jiddereen am Alldag esou mécht, fir Leit mat Handicap nach ëmmer mat Schwierigkeeten a mat Hürde verbonnen. Dofir soll elo dëst Gesetz derzou bäisteieren, dass dës Hürden aus dem Wee geraumt ginn.

Dëse Projet ass ambitieus, mee awéiwäit dat, wat geplangt ass, och kann agehale ginn - ech sinn elo e bësse perturbéiert hei, also ech weess net, wat lass ass, mee ech fueren einfach elo mol virun -, ass mat ville Froe verbonnen, virop mat der Fro vun der Responsabilitéit vum Staat a vun de Gemengen a puncto Amenagement vun engem barriärefräien Territoire an dem Bau vun neien abordabele Wunnengen, déi fir jiddereen zougänglech sinn.

Här President, mir begréissen, datt dëst Gesetz eng Approche wíelt, déi déi Leit net als méi aussestoend, extraordinär oder anormal Leit bezeechent, fir déi een elo extraordinär Mesurë misst huelen. Accessibilitéit gëtt hei als eng universell Cause behandelt an definéiert. Et geet drëms, jidderengem Zougang ze ginn zu deem, wourop en am alldeegleche Liewen ugewisen ass.

Dass et dat Gesetz iwwerhaupt gëtt, ass en Zeechen derfir, datt déi Approche iwwert déi lescht Joerzéngten net vun de Regierungsvertrieder/inne gewíelt ginn ass. Et ass also net normal, datt muss gekuckt ginn, datt Leit mat Handicap gläichberechtegt behandelt ginn an um sozialen an ëffentleche Liewe kënnen gläichberechtegt deel huelen. Recht op Wunnen, Recht op Gesondheet, Recht op Bildung, Recht op Aarbecht, Recht op e gerechte Loun fir seng Aarbecht, Recht op en Zougang zu ëffentleche Servicer, Recht op Mobilitéit sti jidderengem zou. Dat sinn universell Rechter an do muss vu virera jidderee matageplangt ginn, net just déi Leit, déi soi-disant „valid“ sinn.

Här President, mir begréissen och, datt dëst Gesetz d'Kriticken an d'Recommandatiounen vum Comité des droits des personnes handicapées vun der UNO consideréiert.

Lëtzebuerg huet 2011 d'Konventioun iwwert d'Rechter vun de Persounen mat Handicap ratifizéiert. Am Kader vum nationalen Aktiounsplang gouf versicht, am Fënneforestakt dës Konventioun an hir Uweisungen dann och effektiv ëmzesetzen. Dat ass awer bis elo net gutt genuch gelongen. Dat mierkt een, wann ee sech selwer an d'Positioun vun enger Persoun mat engem Handicap begëtt.

Ech selwer konnt déi Erfahrung am Kader vum Kollektiv 1329 Enn September maachen. Fir ee Muere souz ech am Rollstull a si vu mengem Doheem bis an d'Chamber mam Bus, Zuch a Bus komm. Dat ass net evident, well dat alles muss geplangt ginn, schonn Deeg virdrun. Do kann een net spontan decidéieren, einfach anzwousch hinzefueren, oder sech et erlaben, e Bus ze verpassen oder dass de Bus ze spët kënnt, well dat e grouse Problem wär, well op der Gare muss nämlech gewosst ginn, datt eng Persoun am Rollstull kënnt, fir iwwerhaupt kënnen den Zougang zum Zuch ze hunn.

Et ass mir och opgefall dee Mueren, datt et e groussen Ënnerscheed gëtt zwëschent Personal vun CFL, TICE an anere Busser. Bei den CFL a beim TICE waren d'Leit gebrieft. Si hu sech beméit, si hu gehollef, si waren immens zevirkommend. Ouni si wär ech nämlech ni erakomm.

Par contre, an der Stad, do ass de Chauffeur net emol erausgeklommen, en ass net kucke komm, keng Hëllef, näischt. Wann net Leit a mengem Entourage gewiescht wieren, déi mir gehollef hätten, wär ech iwwerhaupt net an dee Bus erakomm an ouni si och net eraus an ech hätt mer Hals a Bee gebrach. Do gesäit een och, wéi wichteg obligatoresch Formatiounen an deem Beräich einfach sinn. An ech denken, dat ass eng Fuerderung, déi ee misst stellen.

Här President, et mussen och weider Efforte gemaach ginn. Notamment muss d'Anhale vun de Reegelungen vun der Accessibilitéit vu Gebaier a Plazen, déi kollektiv genotzt kënnen ginn, och kënnen iwwerpréift ginn. Dës Reegelungen gëlle mat dësem Gesetz souwuel fir ëffentlech wéi privat Acteuren. Dëst Gesetz gesäit par rapport zu deem vun 2001 och Sanktiounen vir, falls géint dës Reegelungen verstouss sollt ginn.

Eng Deadline ass och virgesi fir den Amenagement vun de concernéierte Gebaier a Plazen. Zéng Joer no der Publikatioun vum Gesetz muss alles adaptéiert sinn.

Här President, mir gesinn, dass bei der Reegelung e Wëllen do ass, fir déi Aarbechte virunzedreiwen. Mir gesinn awer och, dass net onbedéngt all déi néideg Moyaenen dofir agesat ginn. Zum Beispill ass

et fir eis onkloer, wéi d'Anhale vun deenen Amenagementsreegelungen ka kontrolléiert ginn a vu wíem a vu wéi enger Instanz. Gradesou froe mir eis, wat géif geschéien, wann d'Gemenge selwer géint dës Reegelungen verstoussen op hirem eegenen Territoire, beim Amenagement vun hiren eegene Verwaltungen an Infrastrukturen. Mee vläicht kann d'Madamm Minister eis herno op déi do Froen eng Äntwert ginn.

Här President, dat Gesetz gesäit och eng Rei finanziell Hëllef vir, fir Proprietären a Locatairë bei der Mise en conformité vun hire Gebaier a Wunnengen ze ënnerstëtzen. Dës Hëllef soll en Incitativ sinn, fir eenzel Persounen derzou ze beweegen, hir Propriétéit den Accessibilitéitsnorme gerecht ze maachen an iwwert dee Wee gläichzäiteg d'Käschten, déi de Staat misst droen, wann en dës Aarbechte selwer géif an Ugrëff huelen, ze drécken.

Mee och hei stelle sech Froen: Wéi wäit huet e Locataire iwwerhaupt d'Méiglechkeet, Aarbechten a senger Wunneng ze ënnerhuelen? Ouni Awëlleung vum Proprietär geet dat jo guer net, well dee muss jo och fir dës Aarbechten opkommen, wann ech dat dann am Gesetz richteg interpretéieren.

Mir mengen, dass d'Responsabilitéit fir Aarbechte vun dëser Envergure am Beräich vum Logement prioritär misst bei de Gemengen a beim Staat leien, dat souwuel, fir déi bestoend Plazen a Gebaier ze adaptéieren, wéi och fir all nei Konstruktiounen.

Et ass jo elo schonn esou, datt d'Aide-au-logement-Gesetz virgesäit, datt de Staat bis zu 70 % vun de Käschten iwwerhëlt beim Bau, der Acquisitioun, der Renovatioun an dem Assainissement vu Wunnengen, déi vun de Gemengesyndikater an anere Promoteure verlount ginn u Leit mat Handicap.

Mee grad wéi allgemeng beim Pacte Logement besteet e Problem, datt trotz Incitativen an der daitlecher finanzieller Ënnerstëtzung vum Staat net genuch gebaut gëtt bei de Gemengen. Da froe mir eis hei, wat dann Incitative fir den Amenagement vun accessibele Wunnengen fir Leit mat Handicap bréngen kënnen, wa keen derzou verpflichtet ass, se ze bauen oder ze renovéieren. Vlächicht sinn dës Verpflichtungen jo och net just an dësem Gesetz hei ze regelen, mee eventuell am Aménagement communal, an engem PAG vun enger Gemeng, an all PAP, deem den Avis vum Gemengerot ënnerläit, oder am Pacte Logement 2.0. An all deene Legislatiounen kann ee verpflichtend Dispositiounen abréngen, wat d'Accessibilitéit zu Logement, Transport, ëffentlechem Raum an ëffentleche Plazen ugeet.

Här President, dëst Gesetz gesäit alt emol vir, datt e Quota vun 10 % vun de Wunnengen an engem kollektive Wunngebaai soll spezifesch fir Leit mat Handicap amenagéiert ginn. Do ginn d'Ambitiounen, déi dëse Gesetzesprojet eigentlech ustriift, erëm extreem erofgeschrauft. Wann am Exposé des motifs rieds ass vun der Accessibilitéit fir jiddwereen, ob Handicap oder net, dann heescht dat jo eigentlech, datt 100 % vun de Wunnengen am Kader vun engem Neibau missten den Accessibilitéitsnormen ugepasst sinn, oder ech hunn eventuell och eppes falsch verstanen.

Här President, mir stëmmen dëse Projet mat, well en d'Liewenskonitiounen vu Leit mat Handicap wëllt verbessern. Déi wäit d'Ambitiounen, déi dëst Gesetz ustriift, awer effektiv kënnen realiséiert ginn, hänkt dovunner of, wéi vill Verantwortung de Staat an d'Gemengen dofir wëllen droen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. An ech hu meng Zäit vu virdrun erëm erageholl.

(*Hilarité*)

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*).** - Här President. Haut ass e wirklech wichtige Dag fir d'Leit mat enger Beanträchtegung. Dofir freeë mir eis ganz besonnesch, dass dëse wichtige Projet haut um Ordre du jour steet, an dat wirklech aus dem ganzen Häerz.

A ville Gespréicher an der Virbereedung gouf mir gesot, dass vill Leit laang op dësen Text gewaart hunn, an dofir gëtt et héich Zäit, dësen Text haut ze stëmmen.

Schonns 2007, dat heescht virun iwwer zéng Joer, huet Lëtzebuerg d'UN-Behënnertegerechtekonventioun ënnerschríwwen, déi och Dispositiounen iwwert d'Accessibilitéit vu Gebaier enthält. Bis haut konnt d'Konventioun an dësem Punkt um Terrain awer nach net wirklech mat Liewe gefëllt ginn.

Ëmmer nach gi Leit hei am Land vun Aktivitéiten a Plazen ausgeschloss, well bei de Constructiounen vun de Gebaier net dru geduecht ginn ass, dass och Persounen mat engem Handicap sech an de Raim solle beweegen kënnen. Oft si sech d'Bauhären oder d'Architekter guer net bewosst, dass an hiren Aarbechten e Problem besteet, well si beim Design just u Persounen denken, déi sech selwer kënnen fortbeweegen ouni Beanträchtegung. An dat ass e Phänomeen, deen et a ville Beräicher gëtt an deen net einfach ze





ignoréieren ass, well et nach ville Leit u Bewosstsi feelt.

Dofir ass et esou wichteg, dass mir esou Texter wéi dee virleiende stëmmen an och weider sensibiliséieren, fir d'Aarbecht besser ze maachen. Well mir sinn eis jo bewosst, dass d'Stëmme vun dësem Gesetz net derzou féiere wäert, dass sech d'Situatioun vun haut op muer verbessert. Et gi laang Transitiounszäiten, well grouss Ëmbauten eeben net vun haut op muer kënnen realiséiert ginn.

D'Konzept vum „design for all“, dat heescht d'Plangen an d'Baue vun de Produkter an de Gebaier, déi esou entworfen sinn, dass jiddereen, egal ob al oder jonk, mat oder ouni Beanträchtegung, se ouni zousätzlech Hëllef benotze kann, muss mat Nodrock an alle Wirtschaftsberäicher gemaach ginn, an dat esou séier wéi méiglech. Besonnesch op der Aarbechtsplaz ginn et nach vill Efforten ze maachen.

Do geet och dat virleidend Gesetz leider nach net wäit genuch. Et ass wichteg, dass ëffentlech Servicer fir jiddereen zougänglech sinn, esou wéi dëst Gesetz et virschreift, mee et dierf een awer och net vergiessen, dass net nëmmen déi ëffentlech Raim müssen zougänglech sinn, mee natierlech och d'Büroen hannendrun. Persounen mat engem Handicap wëlle schliisslech net nëmme just vun den ëffentleche Service profitéiere kënnen, mee och genee wéi all anere Bierger d'Méiglechkeet hunn, sech fir eng Aarbechtsplaz am ëffentleche Gebai ze entscheeden.

Wéi mir wëssen, gëtt et a villen Administratiounen a Betriber Quote fir Posten, déi vu Persounen mat engem Handicap solle besat ginn, déi awer nach ëmmer net erfüllt sinn. Oft gëtt sech einfach net un déi Quote gehalen, well heiandsdo sinn d'Raimlechkeeten och tatsächlech nach net ugepasst. Dass vill Aarbechtsplazen ëmmer nach de Bedierfnisser vu Persounen mat Handicap net gerecht ginn, erschwéiert hinnen d'Sich no enger Aarbechtsplaz. An et ass och net verwonnerlech, dass ëmmer nach e Groussdeel vun de Persounen mat engem Handicap net um éischten Aarbechtsmaart eng Plaz féinnt. Hei gëtt et also nach vill ze maachen.

Här President, e Punkt, deen eis besonnesch bei dësem Text gefreet huet, ass, dass hei emol eng Keier wierklech méi enk mat de Betraffenen um Terrain zesummegeschafft ginn ass. Grad wann et ëm d'Theema vun enger Behënnerung geet, gëtt oft vill, awer net mat de Leit um Terrain geschwat.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Wa mir an enger inklusiver Gesellschaft liewe wëllen, da mussen mir hei am Dialog bleiwen. Dofir begrëisse mir och d'Iddi vum Conseil consultatif de l'accessibilité, dee mat dësem Gesetz geschaaft soll ginn, an och, dass Persounen mat engem Handicap sollen d'Méiglechkeet kréie fir matzeschwätzen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Hei hoffe mir, dass d'Regierung an deem entspreichende Règlement grand-ducal wäert der Propos vum Conseil supérieur des personnes handicapées nokommen an eng Méiglechkeet fannen, d'Bedeelung u Sëtzen an beruffstätege Persounen ze erméiglechen. D'Recht op eng Aarbecht an d'Recht, gehéiert ze ginn, dierfe sech hei net am Wee stoen.

Här President, mir Piraten sinn iwwerzeegt, well mir Optimiste sinn, dass dëst Gesetz derzou wäert bäidroen, dass Mënsche mat enger Beanträchtegung sech an Zukunft fräi an eiser Gesellschaft wäerte beweegen kënnen.

A wou mer beim Beweegen sinn, dat ass virdu jo schonn ugeklongen: Verschidden eenzel Politiker haten, ech nennen et emol d'Chance, fir mat enger Beanträchtegung eng Keier konnten eng Simulatioun ze maachen. An ech hu gesinn, d'Madamm Ministesch war do och mat derbäi, an ech perséinlech hat dat och eng Keier gemaach mat engem Rollstull. An ech muss lech soen, dat ass eng Erfahrung, well ech hat virdu vill Problemer net esou erfaasst wéi dee Moment, wou ech selwer eng Keier an der Situatioun war. An et ass och nach e Familljemember bei eis, deen elo am Rollstull ass, do kritt ee vill méi mat, wéi engem virdrun als Politiker eigentlech opgefall ass.

An et ass eeben esou, dass mer mussen kucken als Politiker - an ech leeë jidderengem un d'Häerz, deen nach net mat hinnen um Tour war, ech mengen, et war den OGB-L -, dat eng Keier ze testen. Gitt eng Keier mat! Well Dir léiert bäi. Also, et kann een nëmme bäiléieren. An Dir gitt opmierksam gemaach.

An dat ass virun allem och wichteg fir d'Gemegepolitik. Well ech muss soen, bei eis am Gemeengerot war déi leschte Keier en Architekt. De Mann huet och seng Aarbecht ganz guut gemaach, mee mir sollten en neie Concertsraum kréien an do war awer näischt virgesi fir Rollstill. Do hu mir am Gemeengerot dann du gesot, dass esou eppes muss virgesi sinn. Dat ass eeben dee Problem, deen ech virdrun erwänt hunn. Et ka jo net sinn, dass mer Architekten hunn, déi nach net drop sensibiliséiert

sinn, dass mer Leit mat enger Beanträchtegung awer déi Méiglechkeet ginn, fir un engem kulturellen oder u soss aneren Eventer deelzehuelen. An herno steet e fonkelneit Gebai do vun esou ville Milliounen an da gouf dat leider vergiess. Do mussen mer nach ganz vill Sensibilitéitsaarbecht leeschten, virun allem och mat den Architekterverbänn, well et ass net deen éischte Projet, wou mer zu Ouere kommen ass, dass net un all Beanträchtegung geduecht ginn ass, an dat geet vum Visuelle bis zum Héiere bis zu iwwerall.

Just als kleng Anekdot: Ech war jo mam OGB-L ënnerwee an do hat ech e Rollstull. Et war awer deen Dag Chance. Ech muss soen, a virdrun ass hei dat ugeschwat gi vum Personal, ech muss d'CFL-Personal luewen! Also, vu Péiteng an d'Stad, dat huet 1A geklappt, dat war wierklech guut. Mee hätt ech mech zum Beispill deen Dag entscheet, fir déi blann Simulatioun ze maachen, hätt ech net gewosst, wéi eng Statioun, well mir hate leider en Zuch erwëscht, wou d'Uso kapott war. Esou Klenggekeeten heiandsdo.

Oder et si Leit mat enger Beanträchtegung, déi hu mer elo gezielt, dass se vun un, dass Corona ass, an der Pandemie, mam Busfuereen e Problem hunn, well se net méi bei de Chauffeur kommen. Fréier bei der Haltestell huet de Chauffeur d'Dier opgemaach an dann hu se einfach gefrot: „Wou fuert Dir hin?“ Elo stinn déi Leit bei der Bushaltestell, et kënn e Bus, mee wann een näischt gesäit, huet ee keng Méiglechkeet ze wëssen, wou dee Bus hifiert. Dat ass och sou eppes: Mir hunn zwar d'Busser ofgeséichert an der Pandemie, mee d'Leit wëssen herno net méi, wéi ee Bus se wierklech müssen huelen.

Dat sinn eeben déi kleng Detailer, wou mir als Politiker et heiandsdo mat enger Moosnam wéi bei Corona wierklech guut menge fir d'Allgemengheet, mee awer dann heiandsdo d'Leit mat enger Beanträchtegung mat esou Moosname leider vergiessen. Dofir mussen mir vill méi sensibel ginn an natierlech och allegueren déi Leit, déi d'Politiker beroden.

Merci.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Ganz guut!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun, d'Madamm Corinne Cahen.

#### *Prise de position du Gouvernement*

■ **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, da maachen ech dat haut emol eng Keier e bësse manner diskreet, wéi ech et normalerweise probéieren ze maachen, nämlech maachen ech d'Pult hei e bësselchen erof, fir dass et op menger Héicht ass. Wéi ech 2013 fir d'éischt an d'Chamber koom, do ass mer opgefall, dass d'Héicht vum Pult fir mech déi selwecht war wéi fir de Claude Haagen, de Gilles Baum oder aner Leit, déi e puer Zentimeter méi grouss si wéi ech. Wann dat Pult dann déi nammlecht Héicht huet fir ons allegueren, dann ass et entweder fir déi eng ze niddreg oder fir déi aner ze héich. An dofir war ech och immens frou, wéi de President vun der Chamber deemools dunn decidéiert huet, e Pult ze maachen, wat erop- an erofgeet.

Et war mer och opgefall, dass hei nach ëmmer eng Träppchen ass. Ech si frou ze héieren, Här President, dass Der eng Ramp hatt. Mee mir sollten allegueren, amplaz just deenen aneren ze soen, wéi se solle bauen an alles accessibel maachen, och emol ëmmer bei ons ufänken. An ech mengen, et ass och elo grad gesot ginn: Wann een an enger Gemeng Responsabilitéiten huet oder och soss an Associatiounen, da soll een ëmmer un déi Leit denken, déi méi Schwierigkeeten hu mat der Accessibilitéit, fir dann och deenen d'Welt accessibel ze maachen.

Ech wëll net alles widerhuelen, wat haut scho gesot ginn ass. Ech géif fir d'éischt emol gären dem Rapporter villmools Merci soe fir den exzellente Schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech géif och gären allegueren de Riedner de Mëtten hei villmools Merci soe fir all déi Beispiller, déi se ginn hunn. An ech wäert och elo gläich nach eng Keier e bëssen e Cas pratique weisen, fir ze weisen, wéi schwierig et heiandsdo ass, wann een eng Behënnerung huet.

Da géif ech awer och gäre ganz speziell dem Sandy Zoller Merci soen an all deenen, déi un der Ausaarbechtung vun dësem Gesetz participéiert hunn, well et war, wéi gesot, e laange Prozess, a mir sinn nach net fäerdeg. Mir wäerten nach mussen weider dru schaffen, fir eeben d'Welt fir ons alleguerte méi accessibel ze maachen.

D'WHO schätzt, dass 15 % vun der Populatioun op der Welt eng Behënnerung hunn - 15%! Dëst entsprécht ongeféier enger Milliard Leit. Déi Zuel, déi geet iwwregens konstant an d'Luucht, éischstens emol well d'Populatioun wisst, zweetens och duerch de medezinnesche Fortschrëtt an doduerch, dass mer natierlech alleguerte méi al ginn.

A Länner, wou d'Liewenserwaardung iwwer 70 Joer ass, leeft am Duerchschnëtt jiddereen ongeféier aacht Joer mat enger Behënnerung. An et gëtt geschat, dass 3 bis 5 % vun de Behënnerungen uebuer sinn, déi aner entwéckele sech am Laf vum Liewen. Hei am Sall sinn deemno net vill Leit, déi ni, zumindest zäitweis, vun dësem Projet, deen haut da gestëmmt soll ginn, wäerte profitéieren.

Mir schwätze vu „Leit mat enger Behënnerung“. Den Här Schaaf huet gesot „Leit mat Handicap“. Dat Wuert ass wierklech net méi ganz zäitgeméiss an net méi ganz elegant. Mir schwätzen iwwer eeler Leit hei. Mir schwätzen iwwer - a mir hunn et schonn héieren - Eltere mat enger Kannerkutsch, wou d'Accessibilitéit net esou einfach ass. Mir schwätzen awer och vu Leit, déi temporär zum Beispill en Aarm oder e Been am Gips hunn. A fir all déi Leit bedeit dëst Gesetz méi Fräiheet. Fir all déi Leit bedeit dëst Gesetz méi Autonomie, méi Spontaniteit, méi Méiglechkeeten, méi Chancëgläicheet, méi Participatiounsméiglechkeeten um all-deegleche Liewen a virun allem eng besser Inklusioun an eis Gesellschaft.

Vill vun eis hunn d'Chance ze decidéieren, plus ou moins spontan an de Weekend ze fueren, an eng friem Stad, ze decidéieren, dann do an de Restaurant ze goen, vläicht och an de Kino, e Pullover an iergendengem Geschäft unzemoossen, e bëssen ze trëppelen doruechter natierlech. Jo, dat kann ee spontan decidéieren. Awer wann een zum Beispill am Rollstull sëtz, dann ass dat scho méi komplizéiert, mir hunn et de Mëtten héieren. Da muss ee kucken, wéi d'Trottoirshéichte sinn, ob déi Stad accessibel ass. Et muss een am Virauser vill plangen. Et muss ee kucken, wann ee wëllt an de Restaurant goen, ob dee Restaurant iwwerhaapt emol accessibel ass, ob keng Trapen do sinn, wann een zum Beispill op d'Toilette muss goen. Am Kleederbuttek muss ee kucken, ob eng Kabinn do ass, déi grouss genuch ass, dass ee mam Rollstull kann eraufueren. Dann, do ass och driwwer geschwat ginn, am Kino, d'Keess, ass de Comptoir esou, dass ech och driwwer gesinn? Kann ech iwwerhaapt an de Musée goen, deen zum Beispill an engem historiesche Gebai ass? Kann ech do d'Ausstellung kucke goen?

Wann ech dann awer blann sinn, da stelle sech natierlech aner Froen. Wéi ass et mat de Leitsystemer um Buedem? Fannen ech d'Busarrëten? Sinn am Kino Markéierungen um Bueden, déi mer ugin, wou eng Trap ass, fir dass ech net falen? Gëtt et am Lift vum Musée eng Annonce vocale zum Beispill? Mir hunn elo grad héieren: Wann déi futti ass, d'Annonce vocale, oder wa keng do ass, dann ass et schwéier ze wëssen, op wéi enger Statioun vum Zuch een ass oder op wéi engem Stack am Lift een ass. Onofhängeg vun der Accessibilitéit vum Gebai sinn ech als blann Persoun natierlech och drop ugewisen, dass am Kino e Film mat Autodescriptioun leeft an de Musée eventuell och taktill Modeller vun den Exponaten zur Verfügung stellt, fir dass ech mer d'Konschtwierker iwwert den Taaschtsënn virstelle kann. Mee dat ass eng aner Form vun Accessibilitéit, déi net elo iwwert dëst Gesetz ofgedeckt ass.

Wann ech faarweblann sinn, dann ass et wichteg fir mech, dass bei der Beschëlderung vun deene verschiddene Stäck an Deeler vun engem grouss Gebai, zum Beispill engem Spidol oder Akafszentrum, mat Faarwe geschafft gëtt, déi fir mech net allegueren d'selwecht ausgesinn.

A wann ech e geeschtegen Handicap hunn oder Orientéierungsschwierigkeeten, dann ass et wichteg, dass d'Beschëlderung kloer ass a mat Faarwen an eventuell och Piktogramme geschafft gëtt, fir dass ech och de Wee ka fannen. Wann d'Welt méi einfach ass, ass se fir eis allegueren iwwregens méi einfach.

Fir Leit, déi schlecht héieren, do ass et natierlech wichteg, de Wäert op d'Akustik an engem Gebai ze leeën, zemoools am Accueil vun engem grouss Gebai. Fir eng Persoun, déi guer net héiert, jo, do ass et zum Beispill essenziell, wa se bei en Dokter wëllt goen, deen um drëtste Stack vun engem Appartementshaus ass, dass do e Visiophon ass, well et geet net duer, dass d'Sekretärin freet: „Wien ass do?“ Wann een net héiert an net äntwere kann, da geet d'Dier dee Moment net op. Dat nammlecht gëllt iwwregens fir den Nuetsschalter vun engem Spidol zum Beispill.

Et ass de Mëtten iwwert den Aménagement raisonnable geschwat ginn. Ech géif och do gären e Beispill ginn. Wann ech dräimol d'Woch zum Beispill a Reuniounen op e Ministère muss goen, well ech do an engem wichtige Aarbechtsgrupp matschaffen, an ech muss alkéiers ee froen, fir mat op d'Toilette ze goen, well ech vu mengem Rollstull aus net un de Luuchteschalter kommen, fir d'Luucht kënnen selwer unzemaachen, da kann een en Aménagement raisonnable ufroen, deen et eeben erlaabt, eleng op d'Toilette ze goen, ouni een ze froe fir matzegoen.

Um Ministère mussen dee Luuchteschalter dofir awer net onbedéngt op eng nei Héicht ubruecht ginn.

Dee Schalter ass warscheinlech gesetzeskonform. Mee do bitt sech dann eng Solution d'effet équivalent un, déi an dësem Fall dann awer en Aménagement raisonnable wier. An dësem Fall wier dat zum Beispill d'Installatioun vun engem Beweegungsmelder, ganz einfach.

Natierlech dierf, an dat ass och gesot ginn, esou en Aménagement raisonnable keng Charge disproportionnée fir de Proprietär duerstellen. Zu där Fro gëtt de Conseil consultatif de l'accessibilité dann och säin Avis of. A wann da festgestallt gëtt, dass d'Konditiounen, fir vun esou engem Aménagement raisonnable ze profitéieren, erfüllt sinn, ass de Refus, fir esou en Aménagement en place ze setzen, eng kloer Diskriminatioun a gëtt deementspriedend dann och bestrooft.

All Accessibilitéitsnormen an Exigenzen, déi an dësem Gesetz virgesi sinn, vereinfachen d'Liewe vu ganz, ganz ville Leit, vu ganz villen ënnerschiddleche Leit a warscheinlech och fir déi meeschte vun ons iergendwann zu engem Moment an eise Liewen.

Mir sinn immens frou, dass mer bei der Elaboratioun vum Gesetz an och elo, wat d'Organisatioun vun de Formatiounen an dem Ausschaffe vun de Fiches techniques ugeet, op d'Hëllef vun der ADAPTH, wat jo de Centre de compétence national pour l'accessibilité des bâtiments ass, an och vum OAI kënnen zielen.

Et ass hei geschwat ginn de Mëtten, ech mengen, vum Här Schaaf a vun der Madamm Cecchetti, vun de Formatiounen. Mir wäerten zesumme mat der ADAPTH, mam OAI an och mat Info-Handicap, wat de Volet Sensibilisatioun ugeet, an den nächste Méint Formatiounen ubidden an déi néideg Informatiounen zur Verfügung stellen, fir dass an 18 Méint, wann d'Gesetz da bis a Kraaft trëtt, jidderee prett ass.

Wéi gesot, et geet virun allem mol drëms, dass eppes, wat nei gebaut gëtt, fir jiddwereen accessibel ass. Et geet awer och drëms, d'Leit ze ënnerstëtzen, fir dat, wat et scho gëtt, accessibel ze maachen. Mir wäerten do natierlech och finanziell ënnerstëtzen, wann een dat relativ séier mécht. Et wäert och Best-Practice-Beispiller ginn, e Guide pratique, dee mer zesumme mat der ADAPTH an dem OAI wäerte maachen. Ech mengen, wann een nei Iddien huet, da sollen déi och kënnen vun anere kopéiert ginn.

D'ADAPTH krut iwwregens d'lescht Joer scho Moyene bäi. Si soll och nach weider Moyene bäikréien.

Et ass och de Mëtteg vun de Sprooche geschwat ginn. Dat ass elo net Inhalt vun dësem Gesetz, mee natierlech, dat ass vläicht och e kleng Rappel: Denkt un d'„leichte Sprache“, wann Der Broschüre maacht, wann Der Internetsäite maacht. Denkt wannechgelfit un d'„leichte Sprache“, fir dass all déi Internetsäiten da fir jiddwereen accessibel sinn!

An da sinn ech nach eng lescht Äntwert schëlleg, dat ass d'Verpflichtung, accessibel ze bauen, vun där geschwat ginn ass. An Zukunft müssen 10 % vun de Logementer an Appartementshaier, wou dräi Stäck sinn a fénnef Unitéiten, esou accessibel sinn. Ech géif och do gären eng Keier e Beispill ginn. Mir schwätze jo dann awer vill vu Rollstill. D'Buedzëmmere mussen grouss genuch sinn zum Beispill, mindestens fénnef Meterkaree. Mee et kann een einfach och scho virgesinn, dass een, wann eng Persoun, déi net héiert, eng Keier an dat Appartement oder an dat Haus plënnert, net onbedéngt nees muss alles frësch ritzen, fir amplaz vun der Schell eng Luucht ze installéieren. Dat kann een am Fong vill méi einfach maachen, wann een dat vu virera virgesäit. Da kascht dat och net vill méi deier oder iwwerhaapt net méi deier. Et muss einfach virgesi sinn. An da kann een dat herno amenagéiere fir déi Persoun, déi eraplënnert.

An deenen neie Residenze müssen iwwregens d'Partie-communnen allegueren accessibel sinn, ouni Ausnam. Dat heescht, och do gëtt et eng Verpflichtung, fir dat an Zukunft ze maachen, an ech mengen, dat kënn ons allegueren zegutt. Mir sollten alleguerte vill méi accessibel denken, méi accessibel bauen an ech muss lech soen, dat heiten ass e richtege Häerzensprojet, iwwert deen Der haut kënn ofstëmmen.

Ech sinn immens frou, dass et net nëmme mäin Häerzensprojet ass, mee dass et fir mech esou ausgesäit, wéi wann dat och Ären Häerzensprojet wär, vu jiddwerengem vun deene 60, déi hei sëtzen. An dofir soen ech lech am Numm vun all deenen, déi hei matgeschafft hunn, am Numm vun all deene Concernéierten, ob dat haut oder an der Zukunft ass, vill-, villmools Merci fir Är breet Zoustëmmung. Ech mengen, dass dat wierklech eng Häerzenssaach ass an dass et ganz wichteg ass, dass mer eebe weiderginn an eng méi accessibel Welt.

Villmools merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools der Madamm Familljeminstesch Corinne Cahen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.



Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7346. Den Text steet am Document parlementaire 7346<sup>15</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7346 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Da komme mer elo bei de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

An dëse Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Laurent Mosar), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## 9. 7374 - Projet de loi portant

**1° approbation de la Convention internationale pour la protection de toutes les personnes contre les disparitions forcées, faite à New York, le 20 décembre 2006 ;**

**2° modification du Code civil ;**

**3° modification du Nouveau Code de procédure civile ;**

**4° modification du Code pénal ;**

**5° modification du Code de procédure pénale**

Mir kommen elo zum Projet de loi 7374 iwwert déi international Konventioun, déi d'Leit virum Verschwannelloosse schützt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an de Rapport, den honorabelen Här Charles Margue, ass prett fir säi Rapport. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Justice**

■ **M. Charles Margue** (*déi gréng*), *rapporteur*.-Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, et ass elo méi e schmärzleche Projet, deen ech lech presentéieren, iwwert d'Approbatoun vun der UNO-Konventioun vum 20. Dezember 2006 zu New York, wou et ëm de Schutz vun alle Persounen geet am Kontext vun deem, wat mer als „disparitions forcées“ beschreiwen.

Lëtzebuerg huet dës Konventioun schonn de 6. Februar 2007 ënnerschriwwen a mir verflichten eis als Staat, d'Praxis vum Verschwannelloosse vu Persounen ze verbidden an ënner Strof ze stellen. Zu Preventiounszwecker muss ënner anerem geheim Detentoun verbuede ginn, Fräiheitsentzuch dierf just an offiziellen an iwwerwaachte Strukture geschéien, wou dann och all d'Insasse registréiert ginn an et méiglech ass, Informatiounen iwwer si ze kréien.

D'Konventioun reegelt och d'Entféierung vu Kanner, wann hir Elteren Affer vun enger Disparition forcée goufen, grad wéi d'Fälschung vun hirer Identitéit an hir Adoptioun.

Dëse Projet de loi gouf den 23. Oktober 2018 vum Aussen- an Europaminister deposéiert. De Staatsrot huet en de 25. Juni 2019 eng éischte Kéier aviséiert. D'Justizkommissioun huet sech de 17. Mäerz dëst Joer fir d'éischt domat befaasst, de Rapport bestëmmt, déi eenzel Artikelen analyséiert an och den éischten Avis vum Staatsrot. A mir hunn direkt eng Partie Amendements parlementaires ugehall.

Den 31. Mäerz huet d'Kommissioun dunn awer decidéiert, selwer beim OKaJu en Avis unzefroen, an och vun den Autorités judiciaires. De 27. Oktober huet d'Kommissioun den Avis complémentaire vum Staatsrot analyséiert an duerno hu mer nach eng Partie Textupassung gemaach. Den 10. November hu mer dunn de Rapport och eestëmmeg an der Kommissioun ugehall.

Ëm wat geet et hei an dësem Projet? An dem Artikel 1 approvüiere mer d'Konventioun, déi d'Disparition forcée als e Crime géint d'Mënschlechkeet repriméiert an déi 2010 a Kraaft getrueden ass. Et war 2002 am Statut de Rome vum Internationale Strofgerichtshaff, dass d'Disparition forcée fir d'éischte Kéier als „crime contre l'humanité“ kodifizéiert gouf.

Interessant ass awer, wou déi Debatt iwwert d'Disparitions forcées hierkënn. Si huet hiren Ursprung an de Mënscherechtsbeweegunge ronderëm déi „Verschwonnen“ a Mëttel- a Südamerika. Ënnert dësem Sammelbegrëff kenne mer d'Affer vun de jeeweiligen Diktaturen, déi am Kader vun hirer „guerra sucia“, also dem knaschtege Krich, politesch Géigner oder onbequeem Persounen verschwanne gedoen hunn, u geheime Plaze festgehalen, gefoltert an ermort hunn. Nach haut ginn zu Buenos Aires all Woch op der Plaza de Mayo d'Mammen an d'Frae ronderëm, fir ëffentlech ze demonstréieren, dës Verbrieche ze denoncéieren a fir Opklärung ze verlaangen.

Ech erënnere drun, dass et ënnert der argentine-scher Diktatur Figere gouf mat Leit, déi festgehall goufen an an d'Mier erausgeschmass gi sinn, an deenen hir Kanner duerno zur Adoptioun fräigelooos gi sinn oder vermëttelt gi si vum Staat.

D'Disparitions forcées sinn awer kee Phenomeen, wat op den amerikanesche Kontinent beschränkt ass. Fir an der Nokrichszäit ze bleiwen, kéint een och nach den Algeriekrich, de Vietnamkrich oder den Nordirlandkonflikt als Beispiller nennen, wou dës Praxis an den Asaz koum. A rezenter Vergaangenheet stounge China, Wäissrussland an d'USA am Fokus.

Op der Internetsäit vun Amnesty International kann ee quasi am Dagestakt noliessen, wéi op der ganzer Welt Mënsche verschwannen, zum Beispill an Eritrea, dem Sudan, der Tierkei oder och nach a Syrien.

Den Aarbechtsgrupp iwwert d'Disparitions forcées bei der UNO schreift a sengem Rapport vum August dëses Joers, dass zanter senger Grënnung 1980 59.000 Fäll vun Disparitions forcées signaléiert goufen, an dat an 110 Staaten.

Eng Disparition forcée gëtt an der Konventioun vun New York esou definéiert - ech zitéieren op Franséisch :- « L'arrestation, la détention, l'enlèvement ou toute autre forme de privation de liberté par des agents de l'État ou par des personnes ou des groupes de personnes qui agissent avec l'autorisation, l'appui ou l'acquiescement de l'État, suivi du déni de la reconnaissance de la privation de liberté ou de la dissimulation du sort réservé à la personne disparue ou du lieu où elle se trouve, la soustrayant à la protection de la loi. » Op Lëtzebuergesch kuerz ausgedréckt: Et geet ëm Persounen, déi verschwannen a wou e Staat direkt oder indirekt dru bedeelegt ass a seng Roll och leegent, soudass déi betraffe Persounen kee gesetzleche Schutz hunn.

Mat der Ratifizéierung vun der Konventioun vun New York si mer verflicht, d'Disparition forcée als eng penal Infraktioun ze qualifizéieren, ze definéieren, wat mer mat dësem Gesetz maachen. Mir setzen do eng Strof vun 20 bis 30 Joer Prisong drop.

Wéi ech schonn am Ufank gesot hunn, kënne mat dësem Gesetz am Eenzelfall och adoptéiert Kanner betraff sinn. Esou passe mer de Code civil un a soen, dass eng Adoptioun, déi normalerweis definitiv ass, eng Adoption plénière, ka revoquéiert ginn, wa sech erausstellt, dass dat adoptéiert Kand en Affer vun enger Disparition forcée ass, respektiv seng Elteren also verschwanne gedoe gi sinn, fir et duerno ze adoptéieren oder adoptéieren ze loosse.

Dës Revokatioun kann ugefrot gi vun der betraffener Persoun selwer, wa se 15 Joer oder méi huet, vun der leiflecher Famill - wann déi dann erëm opdaucht, nach um Liewen ass - oder vun der Adoptivfamill, déi sech der Situatioun bewosst ginn ass oder driwwer informéiert ginn ass, oder de Ministère public kann och nach agräifen, wann dat betraffent Kand manner wéi 15 Joer huet.

Interessant a weesentlech ass: Wann d'Revokatioun gesprach gëtt, da ginn och retroaktiv all Effete vun der Adoptioun annulléiert. Ech gräifen aus den Avis Folgendes eraus - den OKaJu seet a sengem Avis vum 29. Juni dëses Joers :- Wisou muss e betraffent Kand 15 Joer minimum hunn, fir selwer kënne d'Prozedur ze lancéieren, an net schonns éischter? Wisou ass net de Juge aux affaires familiales oder de Jugendrichter zoustänneg amplaz vum Juge vum État civil? Et geet schlussendlech net just ëm eng Emännerung am État civil. An dësem Sënn mécht den OKaJu generell en Appell, all d'Dispositiounen, déi d'Kanner betreffen an an eise Gesetzestexter verstreet sinn, an Zukunft méi systematesch zesummenzeféieren an d'Organisatioun vun der Kannergerichtsbarkeet an deem Liicht ze iwwerdenken.

Aus dem Staatsrot sengen zwee Avis géif ech dëst ervirhiewen: Am éischten Avis kritiséiert de Staatsrot schaarf d'Dispositioun, dass eng Disparition forcée quasi automatesch zur Revokatioun vun enger Adoptioun soll féieren a schwätzt sech do dergéint aus. Wéi gesot, mir hunn dunn Diskussiounen a Verhand-

lunge mam Staatsrot geféiert. De Riichter soll nämlech kënnen entscheiden, wat am Interessi vum Kand ass, zum Beispill wann esou e Kand schonn als Puppelchen adoptéiert gouf a seng ganz Kandheet an der Adoptivfamill verbruecht huet. Eng Revokatioun soll also net ipso facto gesprach ginn, wann eng Disparition forcée virläit.

A sengem zweeten Avis ass de Staatsrot dann och averstane mat den Amendementer, déi mer an deem Sënn an der Kommissioun ugehall hunn. Weider Avis krute mer vun den Autorités judiciaires eran, notamment der Cour supérieure de justice, dem Parquet général an dem Parquet an dem Tribunal vun Dikrech. Dir fannt déi a mengem schrëftleche Rapport. Domadder schléissen ech de mëndleche Rapport of.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vu sämtleche Fraktiounen, déi an der Kommissioun vertratt sinn. Mir hunn eis dorobber gëeenegt.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Ech soen dem Här Rapporteur Charles Margue villmools Merci fir säi prezisen a klore Rapport. An esou wéi e gesot huet, kënne mer ouni Debat iwwert dëse Projet de loi ofstëmmen.

Ech froe just d'Regierung, ob si eppes wëllt zum Projet de loi soen.

**(Négation)**

Dat ass net de Fall.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7374. Den Text steet am Document parlementaire 7374<sup>9</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7374 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7374 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Laurent Mosar), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Engel), Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## 10. 7785 - Projet de loi portant modification du Code de procédure pénale

Den zweetleschte Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7785, eng Rei Ofännerunge vum Strofrecht. A Rapport ass nach eng Kéier den honorabelen Här Charles Margue. Och hei ass et de Basismodell.

**Rapport de la Commission de la Justice**

■ **M. Charles Margue** (*déi gréng*), *rapporteur*.-Merci, Här President, nach eng Kéier. Elo kommen ech mat engem sougenannten Omnibusgesetz. Ech presentéieren e Gesetzesprojet iwwer eng Serie Ännerungen, déi mir am Code de procédure pénale maachen a wou déi eenzel Dispositiounen net onbedéngt e Lien eng mat där anerer hunn.

Et ass e Projet, dee mer eréischt den 9. Mäerz 2021 vun der Justizministesch deposéiert kruten, also ganz rezent. Den 10. Mäerz hu mer eis eng éischte Kéier an der Justizkommissioun domat befaasst. Den 21. Abrëll hu mer direkt eng Rei Amendementer ugehall. Den 29. Juni huet de Staatsrot säin Avis ginn an d'Justizkommissioun huet deen de 27. Oktober analyséiert. Den 10. November gouf de Rapport an der Kommissioun ugehall.

Wann een um Code de procédure pénale Ännerunge mécht, da reagéieren natierlech all d'Justizauto-

ritéite mat ausféierlechen Avisen. Si sinn am schrëftleche Rapport nozeliesen. Et sinn Avisen vun der Cour supérieure de justice, dem Parquet général an de Parqueten aus der Stad a vun Dikrech, de Bezirksgerichter aus der Stad a vun Dikrech, dem Untersuchungsrichter aus der Stad an dem Barreau aus der Stad.

Aus dem Exposé des motifs e puer Extraite fir ze beschreiwen, wéi eng Ännerunge gemaach ginn; et sinn e puer interessant a weesentlech Dispositiounen an et ass net just Kosmetik, déi mer hei maachen.

Éischte Punkt: Et geet ëm d'Ausweitung vun der „compétence territoriale“ op internationalem Niveau, déi mer an den Artikel 5, 5-2, 7-1 a 7-3 vum Code de procédure pénale upassen. Mir iwwerhuele an eis Gesetzgebung eng generaliséiert Kompetenz, déi am internationale Recht als „personnalité passive“ bekannt ass. Dat ass d'Méiglechkeet, dass de Pays d'origine vun engem Affer den Auteur vun enger Infraktioun, déi am Ausland geschitt ass, ka poursuivéieren.

Wisou ass dat néideg? Den Ausgangspunkt war e Mord un engem Lëtzeburger am Oktober 2011 a Brasilien während senger Hochzäitsrees. Ausgeféiert gouf d'Dot vun engem Killer am Optrag vu senger Fra an enger Komplizin, béid auslännesch Residenten hei zu Lëtzebuerg, wéi et sech erausgestallt huet. Et ass en tragescht Virkommen, mee wierklech e Krimi, wéi mer e soss kënne liesen. Déi zwou Damme ware méiglecherweis op d'Ierfschaft aus.

Stellt lech vir, déi brasilianesch Autoritéite sinn dem Fall net nogaangen an hu keng Pursuitten ageleet! D'Fro huet sech du gestallt, ob déi lëtzebuergesch Autoritéite kéinten aktiv ginn an dësem Mordfall, deen am Ausland passéiert war. Dat war keng einfach Ugeleeënheet. An dunn ass en Artifice juridique an d'Spill komm, deen et de Lëtzeburger Autoritéiten erméiglecht huet, aktiv ze ginn, an zwar op Basis vum Fait, dass déi zwou Dammen de Mord zu Lëtzebuerg geplangt haten an esou eng Association de malfaiteurs virlooch hei am Land, an déi huet et erméiglecht, och kompetent ze sinn, fir de Mord a Brasilien ze jugéieren, well béid Infraktiounen an engem direkten Zesummenhang stoungen.

Et koum dunn och zu enger Verurteilung vun deenen zwou Dammen zu Lëtzebuerg, awer just, well d'Premeditatioun vum Mord konnt hei am Land etabliert ginn. Wier dat net gewiesch, hätt dee Mord wuel ni poursuivéiert kënne ginn!

Déi territorial international Kompetenz vun de Lëtzeburger repressive Juridictiounen ass haaptsächlech baséiert um Krititär vun der Plaz, wou d'Infraktioun passéiert, notamment wann et ëm Doutschlag oder Mord geet, ausser den Täter huet déi lëtzebuergesch Nationalitéit.

Mat den neien Dispositiounen maache mer et elo méiglech, dass déi Lëtzeburger Autoritéite kënnen aktiv gi bei Delikter oder Criminen, déi am Ausland passéieren a wou d'Affer entweeder Lëtzeburger sinn oder zu Lëtzebuerg residéieren, an dat och am Fall, wou déi auslännesch Autoritéite keen Interessi un enger Poursuite weisen. Well zu Lëtzebuerg esou vill Auslänner residéieren, huele mer déi Kategorie vu Leit och ausdrécklech mat eran. Dat fir déi éischt Dispositioun.

Zweet Dispositioun: Mir schafen d'Méiglechkeet, fir d'Garde à vue vu 24 Stonnen op 48 Stonnen ze verlängeren, dat awer natierlech nëmmen ausnamsweis an eng eenzeg Kéier. Motivéiert muss dës Verlängerung sinn: wa kloer Indicë virleie fir e Scholdverdacht vum Inculpéierte bei engem Crime oder engem Delikt; wann et besonnesch Ëmstänn ginn duerch d'Komplexitéit vun der Affär an eng gréisser Unzuel vu Verdächtegen. Den Delai vu 24 Stonne leeft vum Moment un, wou d'Persoun verhaft gëtt.

Firwat schafe mer dës aussergewéinlech Méiglechkeet? Den Untersuchungsrichter stellt en Haftbefehl géint e Verdächtegen normalerweis aus, wa Fluchtgefor besteet oder de Risiko, dass Beweiser kënne verschwannen, respektiv wann dee Verdächtegen net fräiwëlleg beim Riichter erschéngt. De Verdächtege gëtt natierlech aus deene selwechte Grënn net am Virfeld vu senger Verhaftung informéiert, an oft gëtt et jo an engem Dossier méi Verdächteger an déi mussen zäitgläich kënne verhaft ginn. D'Polizei geet dann op Uerder vum Untersuchungsrichter déi Persounen zur selwechter Zäit verhaften. Doropshi lafe vun deem Moment un eng Panoplie vu Prozeduren.

Mam Gesetz vum 8. Mäerz 2017, vun deem den Alex Bodry Rapporteur war, hu mer ënner anerem eng Rëtsch Rechter a Garantien zugonschte vun de Verdächtegen agefouert. Zanterhier leeft den Delai vu 24 Stonnen ab der Verhaftung an net wéi virdrun ab dem Transfert an de Prisong, dee jo eng Rei Stonne war, nodeem de Verdächtege vun der Polizei verhéiert gouf. Dat heescht, d'Reform vun 2017 huet zur paradoxaler Situatioun gefouert, dass mer d'Formalitéiten erhéicht hunn am Schutz vum an an de Garantië fir de Verdächtegen an dass mer de maximalen Delai vun der Privation de liberté verkierzt hunn.





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

**Supplément commun aux quotidiens :**  
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

**Contenu rédactionnel :**  
Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

**Saisie de texte :**  
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

**Conception et mise en page :**  
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

**Concept et coordination générale :**  
brain&more, agence en communication, Luxembourg

**Imprimeries :**  
Mediahuis Luxembourg SA  
60, rue des Bruyères  
L-1274 Howald

Editpress SA  
Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll  
L-4361 Esch-sur-Alzette

Dëse Projet de loi versicht, dës Schwieregkeeten ze klären, andeems den Delai vu 24 Stonne bestätegt gëtt an eng Méiglechkeet geschafe gëtt, eng eemoleg 24-Stonne-Verlängerung ze maachen, wéi gesot, ënner speziellen Ëmstänn. Zweek Beispiller, fir dat kënnen duerzeleeën, sinn eng Razzia, wou et drëms geet, Leit aus engem Réseau vu Mënschen-, Wafen- oder Drogenhändler ze verhaften, a wann et ëm e Réseau vun Terroriste geet. Dat war déi zweet Dispositioun; déi nächst gi méi kuerz.

Déi drëtt dann: Mir hunn am Code de procédure pénale eng wichteg Dispositioun, an där et ëm d'Reiefolleg geet vun der Prise de parole bei de Sitzungen um Penal. Mir dréinen déi elo carrement ëm. No kriteschen Diskussiounen zur initialer Formulatioun an der Kommissioun ass zréckbehalé ginn, dass d'Defense an alle Fäll zum Schluss d'Wuert kritt. Och no enger Äntwert vun der Partie civile oder dem Ministère public kritt si nach eng Kéier d'Geleeënheet, d'Wuert ze ergräifen. Mir hunn eis u Frankräich inspiréiert. Dës Prezisioun hu mer elo op méi Plazen direkt an de Code drageschriwwen.

Aus der Direktiv 2011/93 iwwert den Abus sexuel, d'Exploitation sexuelle an d'Pedopornografie setze mer déi wichteg Dispositioun ëm, dass den Delai vun der Preskriptioun eréischt ufänkt, wann déi Persoun (veuillez lire: wann d'Affer) groussjäreg ass. Dëst war en Oubli, en onglécklechen Oubli, an der Ëmsetzung. Et ass jo méttlerweil gewosst, dass Persounen, déi als Kanner Affer vun esou Delikter waren, oft eréischt laang Jore spéider fäeg sinn, doriwwer ze reflektéieren, a sech bewosst ginn, dass hir Schwieregkeeten, déi se am Liewen hunn, op esou Situatiounen vu Mëssbrauch zréckzeféiere sinn.

Ech erlabe mer, drop hinzeweisen, dass e Gesetzesprojet de Moment am Ministère ausgeschafft gëtt, wou mer wäerten op déi Fro vun de Preskriptiounen allgemeng zréckkommen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Charles Margue** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Ënner anerem ass a Frankräich déi Diskussioun kierzlech geféiert ginn, fir déi Zäit vun der Preskriptioun konsequent eropzesetzen, an och hei am Land.

Fënnefte Punkt: Den Artikel 10 féiert am Code de procédure pénale deem neien Titre „Du dossier électronique“ an, wou gesot gëtt, dass all Akten a Piëcen ënner numereschem Format kënnen ausgestellt ginn oder numeresch konvertéiert kënnen ginn. Déi elektronesch Ënnerschrëft ass och virgesinn an d'Transmissioun vum Dossier un den Affekot geschitt dann och elo via Courrier électronique. Erlaabt mer dann d'Bemierkung: Da muss also all Affekot seng offiziell E-Mail-Adress vum Barreau och benotzen.

Am Artikel 12 gëtt d'Méiglechkeet geschafen, fir an der Chambre correctionnelle zu dräi Riichter ze setzen an net just een eleng, an dat, wann et ëm komplex Situatiounen geet, wa vill Leit ugeklot sinn a vill Zeie muss gehéiert ginn. E Beispill ass en Homicide involontaire. D'Extensioun op dräi Riichter ka geschéien op Ufro vum Ugekloten, vum Affer, vum Parquet oder vum Riichter selwer. E Recours zu dëser Decisioun ass net méiglech.

Ech sinn op der leschter Säit ukomm, Här President, déi siwent Dispositioun, déi ech erläuteren: Fir e gewëssene Parallelismus mat der erweiderte Kompetenzen vun de Friddensgerichter hierzestellen, gëtt den Niveau vun den Amenden, déi via

Ordonnance pénale gesprach kënnen ginn, vun 2.500 op 15.000 Euro eropgehuewen.

Souwäit mäi mëndleche Rapport, weider Detailer am schrëftlechen. Merci un all d'Mataarbechter aus dem Ministère, un all déijéineg, déi interessant a wäertvoll Avisen zu dëser Reform vum Code de procédure pénale geschriwwen hunn. An ech erlabe mer, drop hinzeweisen, dass et e weidere Schrëtt ass, fir eis Justiz méi effikass a biergerfrëndlech opzestellen.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An ech soen dem Här Rapporteur Charles Margue villmools Merci.

An ech ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Ech kann dat kuerz maachen, well d'Justizministesch, wéi mer gesot kritt hunn, ass krankheitshalber net à même, fir dëser Sitzung bäizewunnen. Duerfir wënsche mer hir all dat Bescht. Si war awer gëschter bäigeschalt an der Justizkommissioun.

Ech wëll duerfir och just am Numm vun der CSV-Fraktioun soen, dass mer keng Diskussioun vun dësem Projet op dëser Plaz an an dëser Stonn elo wëllen. Trotzdem wëll ech dem Rapporteur Merci soen, well et ass e wierklech wichtige Projet. En huet deem och gutt praktesch erklärt.

Ech kann och soen, zu enger weesentlecher Fro, déi opgeworf gouf vun der Madamm Hartmann, dat ass déi, ënner anerem, dass de Plumitif d'audience net soll vum Greffier eleng schrëftlech gehandhaabt ginn, mee dass eng Audience och sollt enregistriert ginn, dass mir als CSV do derhannertstinn an dass mer zweetens och der Meenung si betreffend déi physesche Plaz, déi en Zeien huet, deem an engem Strofprozess gehéiert gëtt, dass deem net eleng säi Gesiicht vis-à-vis vum Riichter an dem Parquet soll dréien, mee esou dass e vun allen a virun allem och vun den Affekote vun der Defense ka gesi ginn.

En drëtte Punkt ass deem - an ech wëll dat och ganz kloer soen, quitte dass mir am Ufank, oder viru Joren, méi eng restriktiv Positioun dozou haten -, dass d'CSV derzou steet, dass d'Verjärungsfrist bei Sexualdelikten, besonnesch och bei Mannerjäregen, verlängert gëtt. De Moment ass dat ab dem 18. Liewensjoer während zéng Joer, dat heescht theoretesch bis 28 Joer. Mir hu kee Problem, wann dës Verjärungsfrist och änlech wéi an anere Länner - wéi a Frankräich, huet de Rapporteur gesot - verlängert gëtt. Also, do fannt Der bei eis oppen Oueren.

Ech mengen, de Rescht diskutéiere mer dann, wann d'Sam Tanson als Justizministesch och erëm kann an dësem Raum sinn. Merci, an ech gi selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Roth. Nächstes ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Pim Knaff. Här Knaff, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Pim Knaff** (DP).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, deem Text, dee mer haut stëmmen, ass interessant, well en am Fong bei dräi Saachen eist Strofrecht verbesser, a fir d'éischt fir d'Extensioun vun der Compétence territoriale internationale vun eisen nationale Juridictiounen. Bis ewell war et esou, dass eis national Geriichter och konnte Lëtzebuerger jugéiere fir Strofdoten, déi se am Ausland begaangen hunn a wou d'Affer Lëtzebuerger war. Dës Kompetenz gëtt elo an deem Sënn erweidert, dass d'Lëtzebuerger Geriichter och de Resident aus eisem Land kënnen jugéieren, wann d'Victime vun engem Crime oder vun engem Delikt Lëtzebuerger ass oder seng Residence hei huet.

Dës Extensioun ass natierlech am Sënn vum Affer an ass ausdrécklech ze begrëssen, well se also elo dem Affer et erméiglecht, a sengem Land säi Recht anzekloen, wann den Auteur och hei am Land wunnt.

En zweete ganz wichtige Punkt an dësem Gesetz ass d'Extensioun vun dem Delai, während deem ee ka vun den Autoritéiten festgehale ginn, ier een engem Riichter virgefuert gëtt. Wann deem Delai bis elo 24 Stonne war, da kann deem Delai elo op 48 Stonne verlängert ginn, wann d'Difficultéit vun der Affär oder d'Unzuel vun de Beschëllegten dat justifiéiert. Dës Verlängerung muss awer natierlech scho vun engem Magistrat decidéiert ginn.

Ganz kloer gëtt et hei zu alle Säiten Interëten: Bei engem presuméierten Täter, dee festgehale gëtt, deem also domat seng Fräiheet verléiert, a bei den Autoritéiten, enger Police judiciaire oder engem Cabinet d'instruction, déi nëmme limitéiert Zäit hunn, fir Interrogatoiren ze féieren oder hir Enquêtes ze maachen. Ass den Delai de détention ze kuerz an der Zäit, leeft ee Gefor, dass méi oft op eng Untersu-

chungshaft zréckgegraff gëtt, fir all Zort vun Obscurcissement des preuves oder awer vu Fluchtgefor ze evitéieren. Ech hat dës Remark och an der Kommissioun gemaach an ech si frou, dass mer do, wéi gesot, eis eens gi sinn, dass deem zousätzlechen Delai vu 24 Stonnen zu méi equilibriierten Decisiounen kéint féieren, wat finalement am Interêt vun all Mënsch ass, dem presuméierten Täter an natierlech awer och den Autoritéiten. Den Här Rapporteur hat dat och schonn a sengem Rapport erklärt.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als leschte Punkt géif ech op d'Artikelen 11 bis 15 vum Gesetz agoen, déi d'Reiefolleg vun der Plaidoirie reegelen. Fir den Avocat pénaliste ass dëst Gesetz e Meilesteen an Direktioun Égalité des armes a Présomption d'innocence.

Als jonken Affekot huet ee schonn net schlecht gestaunt, wann de Representant vum Ministère public zesumme mam Geriicht an de Sitzungssall komm ass, dat, nodeems eng erschreckend haart Schell gelaut huet, mee et huet ee sech och nach gewonnert, dass de Representant vum Parquet sech dann nach op deem selwechten Niveau wéi d'Riichtere gesat huet, alsors que den Affekot konnt eng Etage méi déif Plaz huelen! Dat alles huet een net grad optimistesches gestëmmt.

Wann een dann awer nach gesinn huet, dass de Parquet, dee jo am Fong d'Charge de la preuve hat, konnt no der Defense seng Requisitiounen huelen, da konnt ee sech natierlech verschidde Froe stellen. Verschidde Saache sinn entre-temps changéiert ginn, fir e bësse méi no bei de Prinzipen vun der Égalité des armes ze kommen a vun der Présomption d'innocence: De Parquet kënn net méi mat de Riichteren eran an e geet och net méi mat de Riichteren aus dem Sitzungssall eraus - dat ass jo mol schonn e weesentleche gudder Punkt. An an esou munche Juridictiounen ass et och esou, dass de Parquet net méi uewe bei de Riichtere sëtzt, mee dass en ënne sëtzt wéi d'Affekoten, op deem selwechten Niveau, wéi zum Beispill um Tribunal administratif oder an der Chambre du conseil.

Nach net iwwerall ass d'„erreur de menuiserie“, wéi se emol genannt ginn ass, opgehuewen, mee wéi gesot, kann ee jo nach hoffen an dreemen. Wat awer elo duerch dëst Gesetz changéiert gëtt, dat ass, dass endlech de Procureur muss seng Requisitiounen huelen, ier d'Defense hir Defense presentéiert. Dat heescht, ier den Affekot plädéiert, muss de Parquet soen, wouop en da finalement soll plädéieren. An ech mengen, dat ass e Prinzip, deem awer weesentlech ass, well e wierklech an d'Direktioun geet vun der „burden of proof“, wie muss beweisen: D'Partie poursuivante, dat ass de Parquet, an dee muss uféieren, wat seng Elementer sinn, an do muss ee kënnen drop äntweren.

Dofir mengen ech, dass dat Gesetz hei ganz wichteg ass. Mir si ganz frou als Demokratesch Partei, mee ech mengen, mir haten och e ganz grouse Konsensus an der Kommissioun, dass déi Dispositioun elo hei geännert gëtt. Wéi gesot, ech gi ganz gären zu dësem Projet den Accord vun der Demokratescher Partei, awer net ouni dem Rapporteur, dem Charles Margue, villmools Merci ze soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An ech soen dem Här Pim Knaff villmools Merci a ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Dan Biancalana** (LSAP).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wäert mech ganz kuerz halen. Dem Charles Margue merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, dee Projet, Dir hutt et eraushéieren, dee mer haut hei stëmmen, schreift sech ganz kloer duerch déi Ännerungen, déi mer hei virhuelen, an d'Modernisatioun vun der Strofjustiz a vum Code de procédure pénale an. D'Méiglechkeet, déi mer hei am Fong engem Untersuchungsriichter ginn, bei enger Expertis derbäi ze sinn iwwer Viseokonferenz, iwwert deem elektronesch Moyaen do kënnen deelzehuelen, dat erlichtert him ganz kloer och d'Aarbecht, déi e mécht, an awer an engem Kader, wou och d'Confidentialitééit weider ka garantéiert ginn.

Wann den Untersuchungsriichter och d'Méiglechkeet huet, dass den Delai vu 24 Stonne verlängert gëtt, wou och natierlech d'Ordonnance vun engem Riichter muss motivéiert si fir 48 Stonnen, ech mengen, dann ass och dat keen onweesentleche Moment, well mer ganz kloer wëssen, dass een am Kader vun den Enquêtes, déi gefouert ginn à charge et à décharge - ech mengen, et ass dat d'Missioun, déi den Untersuchungsriichter jo huet -, ëmmer méi Dossieren huet, déi eng gewësse Komplexitéit hunn, an dass een natierlech och probéiert, qualitativ gutt Aarbecht ze leeschten. A wann een deem Delai, wéi gesot ënner bestëmmte Konditiounen, verlängere kann, dann ass dat sécherlech net au détriment vun der Enquête, déi een deementsprechend och mécht.

De Pim Knaff ass effektiv och op den Ordre des plaidoiries hei agaangen. Do inspiréiere mer eis um

franséische Modell. An ech mengen, dass dat och eng Stärkung ass um Niveau vun de Rechter vun der Defense. An da mengen ech, en net onweesentleche Punkt sinn awer hei d'Konditiounen, déi mer och ginn, fir d'Ordonnance pénale ze erweideren, well och dat reit sech an de Fonctionnement an an d'Effikassitéit vun der Justiz an. Et ass e wichtigen Outil an erméiglecht am Fong och, d'Dossieren an engem ganz rasonablen Delai ze evakuéieren, och dat, andeems d'Rechter vun der Defense garantéiert ginn. Et ka méi eng héich Amende geschwat ginn. Mee och dat, mengen ech, kann derzou bäidroen, dass och Dossiere méi schnell kënnen evakuéiert ginn.

Fir ofzeschléissen: Mir ginn also hei am Fong der Magistratur eng ganz Rei Outilen, déi hir Aarbecht am Alldag vereinfachen, a mir setzen awer och verstärkt op d'Digitalisatioun. Och déi setze mer hei deementsprechend an.

Dofir nach eng Kéier dem Rapporteur merci fir säi Rapport. An ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Biancalana. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President, villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëilt ufänken - ech hunn elo héieren, dass d'Madamm Tanson krank ass -, fir hir och an eisem Numm a vun hei aus eng gutt Besserung ze wënschen. Vlächtkuckt si eis no, da sinn déi Kommentaren, déi mer hei maachen, mengen ech, awer op jidde Fall zu engem wichtigen Deel un déi richteg Adress komm.

Vlächtkuck just zwee Kommentaren. Den Här Margue huet eis e ganz gudden a ganz komplette Rapport gemaach, dofir wëilt ech net op all Bemierkung agoen, déi hie gemaach huet, mee vlächtkuck op zwee Theemekomplexer.

Deen éischten ass dee vun der Preskriptioun: Deen ass ganz komplizéiert, et muss ee ganz gutt oppassen, well een och un de Kär vun der Rechtsstaatlechkeet erugeet. Déi Preskriptioun ass jo net vum Himmel gefall! Dat ass eng Entwécklung, déi sech am Laf vun der Entwécklung vun der Rechtsgeschicht etabléiert huet fir sécherzestellen, dass déi Zeienaussoen zum Beispill zouverlässeg sinn, fir dass mer do net herno an eng Situatioun erakommen, wou eng Uklo scho praktesch eng Verurteilung ass. An do muss mer ganz gutt oppassen.

Ech erënnere mech un e Prozess, deem nach ëmmer net ofgeschlossen ass an eist Land während Jorzéngten weinst Evenementer, déi an den 80er-Jore geschitt sinn, markéiert huet a wou mer exzellent Beispiller, déi kontradiktouresch an zum Deel farfalu Zeienaussoen, am Laf vun der Zäit hunn. A wat fir do gëllt, gëllt och fir aner Prozesser. An et muss einfach opgepasst ginn, dass eng Rechtssécherheet besteet. An dat geet eeben nëmmen, wann en Délai de prescription besteet, well dat mënschlecht Gediechtnes ass net zouverlässeg. Och déi mënschlech Charaktere sinn nun eemol net zouverlässeg an et muss een eeben oppassen. Den Délai de prescription ass en Acquis positif an eisem Rechtswiesen, dofir muss een oppassen, dass een deem net muttwëleg a Fro stellt. Et ass ganz wichtig, fir dat ze maachen.

Och mat de Beweiser ass et esou. Och Beweiser sinn zum Deel nëmme fir eng gewëssen Zäit gutt oder si schwéier ze kréien. Et muss een einfach do, wéi gesot, all déi Rechtssécherheeten an deem Sënn opstellen, dass eng Defense all hir Chancen huet. Et ass en Deel vun engem faire Prozess, dass och d'Defense an net nëmmen d'Accusatioun à égalité d'armes ass an eng richteg Chance op Verdedegung awer nach besteet.

Eng zweet Consideratioun, déi ech wëilt hei maachen - dat ass e bëssen en Echo vun deem, wat den Här Knaff gesot huet -, ass déi Saach vum Fonctionnement vun eise Geriichter. Et geet net duer ... Ech mengen, et ass schéin, dass a verschiddene Geriichter déi „erreur de menuiserie“, wéi den Här Knaff dat ganz elegant genannt huet, redresséiert gëtt doduerch, dass Parquet a Riichter net méi zesummen aus dem Sall eran- oder erausginn an esou weider. Mee dat, esou schéin et ass - an et weist jo och, dass se sech där Problematik bewosst sinn, an an deem Sënn ass dat jo scho ganz gutt -, mee dat léist de Problem net!

A wann Der lech erënnert, Här Knaff - an dofir wollt ech awer dorobber zréckkommen -, eng vun deene Kriticken, déi mir hunn als ADR un der Verfassungsrevisioun, um Justizkapitel, ass jo, dass mer soen: Et ass eng verpasste Chance! Do si gutt Saache geholl ginn: d'Onofhängegkeet vun der Justiz. Mee eebe just déi Trennung vu Parquet a Magistrate assise, dat wär jo dat, wat mir eis gewënscht hätten a wat een elo hätt kënnen maachen, fir eeben net nëmmen eng Reegelung ze hunn, wou se getrennt eran- an erausginn, mee wierklech fundamental d'Magistrature assise vun der Magistrature debout ze trennen.



Dat wier de Progrès gewiescht! Dat wier eng Moderniséierung gewiescht! Dat wier eppes gewiescht. An ech gesinn, datt Dir an déi selwecht Richtung denkt. Da froen ech mech: Firwat ënnerstëtzt d'Demokratesch Partei d'ADR dann net bei dësem Uleies?! Wann Der jo selwer gesitt a beschreift hei, wéi wichteg dat wär!

**(Brouhaha et interruptions)**

Also mäin Appell un lech ass: Da sidd lech konsequent! Da sidd lech konsequent ...

**(Interruptions et coups de cloche de la présidence)**

... a maacht mat eis déi Kritik un der Verfassungsrevisioun an dréint se ëm an eng positiv Saach! Dann huele mer déi Saach nach eng Kéier op de Leescht a mir trennen, wat muss getrennt ginn am Interessi vum Fonctionnement vun der Justiz a vun enger besserer Qualitéit vun der Justiz hei am Land. Dann hätte mer eppes Positives gemaach.

Dat gesot, déi Ännerungen, déi den Här Margue eis haut hei proposéiert huet, déi ginn allgemeng an eng Richtung, déi mir begrëssen. An dofir wäerte mer dat hei matstëmmen, allerdéngs, wéi gesot, mat de puer Bemierkunge vu Virsiicht, déi mer awer gemaach hunn. Merci.

**(Interruption)**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. De Moie war an der Kommissioun d'Informatioun jo nach vertraulech, mee an der Tëschenzäit gouf e Pressecommuniqué geschriwwen: Dofir och vun eis Piraten der Ministesch eng gutt Besserung! A merci dem Charles Margue fir dee gudde Rapport. An och mir Piraten wäerten d'Zoustëmmung ginn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Familljemnistesch Corinne Cahen.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Villmools merci, Här President. Am Numm vun der Justizministesch géif ech da gären all de Riedner Merci soen, an natierlech virun allem dem Rapporteur villmools merci fir säi geschriwwene Rapport an och deen, deen en haut virbruecht huet.

An ech géif lech och am Numm vun der Justizministesch wëlle Merci soen, dass dëse Projet esou séier op den Ordre du jour konnt kommen. Dir verbessert domadder, wéi gesot, op en Neits de prozedurale Kader an eisem Strofrecht. Verschidden Dispositiounen erlaben et eise Geriichter, méi effikass a méi flexibel ze schaffen. Aner Dispositiounen droen dozou bäi, eise Code de procédure pénale ze moderniséieren an deem, wat sech schonns deels an der Praxis agebiert huet, Rechnung ze droen.

Ech ginn dovunner aus, dass d'Justizministesch den Debat och verfollegt huet. Merci nach eng Kéier an hirem Numm a merci fir Äert Versteedemech.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Ministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7785. Den Text steet am Document parlementaire 7785°.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7785 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Laurent Mosar), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**11. Motion de M. Claude Wiseler relative à l'ouverture des centres de vaccination dans toutes les régions du pays**

**(Motion déposée en séance publique n° 15 du 30 novembre 2021 - à consulter en page 194 de ce compte rendu)**

Mir kommen elo zur Motioun vum Här Claude Wiseler iwwert d'Ouverture vun Impfzentere(n) an all Regioun vum Land. An ech géif direkt dem Auteur vun der Motioun, dem Här Claude Wiseler, d'Wuert ginn.

**Exposé**

■ **M. Claude Wiseler (CSV), auteur.**- Merci, Här President. Duerch déi Motioun, déi mer scho kuerz presentéiert haten de leschten Dënschden, wëlle mer am Fong eppes ganz einfaches zum Ausdrock bréngen. Dat Éischt, dat ass, datt mer selbstverständlech d'accord si mat all deem, wat d'Regierung mécht fir d'Impfungen ze ënnerstëtzen, fir datt mer esou schnell wéi méiglech der méi kréien.

Verschidde Saache si jo gemaach ginn, verschidden Impfungen. Mir hunn déi normal Impfungen, an haaptsächlech déi nei Moosnamen, déi eloannoncéiert ginn, wäerten och eng ganz Rei Leit derzou bréngen, sech awer impfen ze loosse. Zweetens hu mer déi Boosterimpfungen, déi och elo decidéiert gi sinn, ob se da mat Rendez-vous oder ouni Rendez-vous sinn, an drëttens den AstraZeneca, deen op véier Méint erofgesat ginn ass. Alles dat bréngt jo da méi Leit derzou, sech impfen ze loosse. An alles dat ass an eisen Aen absolutt evident positiv.

Mee wann een dat alles mécht, da muss et och natierlech um Terrain klappen. Da mussen och alleguer déi Leit, déi sech elo wëllen impfe loosse, schnell bäikommen an déi Offer vun Impfméiglechkeeten, déi do ass, soll dann och um ganzen Territoire verdeelt ginn, fir datt et einfach ass, sech impfen ze loosse. Dofir hu mer och dës Motioun erabruecht.

An da soen ech awer och hannendrun: Och d'Informatioun muss awer klappen! An do sinn awer an deene leschten Deeg och eng Rei Problemer gewiescht, an ech wär frou, wann d'Ministesch an hirer Stellungnam och nach eng Kéier kéint dorobber agoen.

Fir d'éischt ass gesot ginn, datt d'Leit kéinten ouni Rendez-vous dohinnergoen. Dunn ass erëm, well et iwwerlaf ginn ass, gesot ginn, et kéinten nëmme méi Leit mat Rendez-vous kommen. Alles dat bréngt e relativen Duercherneen. An d'Leit wëssen net méi, ob se dann elo kënnen oder ob se net kënnen goen. An dofir misst absolutt schnell Kloerheet geschaaft ginn.

Dann ass och déi Diskussioun ëm de Booster do gewiescht, wou dann an engem Moment gesot gëtt: Wann Der mat Pfizer zweemol geimpft gouft, kritt Der elo e Booster vu Moderna, a Moderna ass am Fong obligatoresch fir déi drëtt Impfung. An ech mengen, an ech hunn e wéineg nogekuckt, wat d'FDA (ndlr: U.S. Food and Drug Administration) doriwwer geschriwwen huet, dat schéngt mer och logesch ze sinn, datt dat mat esou Kräizimpfungen och sénnvoll ass.

Ech wëll just soen, wann een dobaussen dann héiert, wat d'Leit engem erziele kommen, da sinn awer eng ganz Rei Hesitatiounen, well Leit, déi da mat Pfizer geimpft gi sinn, déi wëssen net, firwat se dann elo obligatoresch Moderna kréien a firwat se och net kënnen Pfizer wielen, wa se dat schonn zweemol haten. Also, ech kann et medezinnesch absolutt verstoen, wat d'Regierung mécht. Ech soen lech just, et wär natierlech gutt, wann déi Explikatiounen och géifen eriiwwerkommen. Well wann d'Explikatiounen net eriiwwerkommen, da kréien d'Leit, well se net wëssen, wat se sollen dovunner halen, deelweis Angscht do virdrun an hesitéieren, fir sech impfen ze loosse mat Moderna, well se da soen: „Ech géif léiwer op de Pfizer waarden. Dee kann ech elo net kréien, da waarden ech nach e wéineg.“ An dat ass einfach déi schlecht Reaktioun. An do, mengen ech, muss d'Kommunikatioun besser ginn.

En anert Beispill ass dat, wat mer an der Zeitung de Moie gelies hunn, déi ganz Geschicht ronderëm den Dokter, deen da seet, e misst elo, well e kee Moderna bestallt hat an eng Instruktioun vun der Regierung erauskomm wär, dass u sech awer déi drëtt Impfung Moderna misst sinn, an en elo jo net mat Pfizer impfe kéint, all seng Clienten ofbestellen, seng Patienten ofbestellen. Ech mengen, den Här Clement hat do eng Question parlementaire driwwer gestallt, e krut och schonn eng korrekt Äntwert vun der Regierung. Just de Problem ass, datt net jiddwereen déi korrekt Äntwert op dem Här Clement seng Question parlementaire liest. A wann dat dann net uerdentlech kommunizéiert gëtt, da gi sech erëm vill Froe gestallt an et gi vill Hesita-

tiounen, déi awer onnéideg sinn an déi net zur Situatioun bäidroen.

An dat Véiert, dat ass déi ganz Diskussioun - an elo weess ech net, ob dat richtig ass oder net, mee et ass wat mir gesot gëtt -, dass bei der Boosterimpfung, notamment bei Moderna, dann nëmme eng hallef Dosis geholl gëtt a keng ganz Dosis, nëmme 50 %. Ech weess net, ob dat richtig ass oder net. Mee Dir kënnt eis jo vläicht, Madamm Minister, duerno d'Explikatiounen ginn. Ech hunn dat och nogelies, och do seet d'FDA, datt dat absolutt sénnvoll wär immunologesch, fir nëmme eng hallef Dosis ze ginn. Et si vläicht Apdikteren heibannen, déi dat och nach kënnen explizéieren, datt dat sénnvoll wär, datt dat logesch wär, nëmme eng hallef Dosis ze ginn an datt dat och esou absolutt an der Rei wär.

Och do soen ech lech just dat, wat ech un Telefone respektiv als Maille kréien, do stellen d'Leit sech da Risefroen a soen: „Elo kréie mer nëmme eng hallef Dosis, well se net genuch Impfstoff hunn. Da waarde mer léiwer, bis es erëm genuch do ass, an dann huele mer dann eis ganz Dosis.“ Well dat ass jo da wëssenschaftlech net richtig! Mee ech mengen, all déi do Saache mussen - fir datt keng Rumeuren entstinn, fir datt keng Problemer entstinn, fir datt keng Hesitatiounen entstinn, fir datt keng Ängschten entstinn - einfach kloer an däitlech wëssenschaftlech kommunikéiert ginn an net einfach als Decisioun dohinnergestallt ginn, mee de Leit erkläert ginn, fir datt se adheréieren un eng Prozedur, wou et esou noutwendeg wier, datt se géifen adheréieren, a massiv dorunner adheréieren!

An do wollt ech nu wierklech och nach iwwert dës Motioun eraus d'Regierung opfuerden, fir déi Kommunikatioun besser ze maachen, wéi se momentan amgaang ass se ze maachen. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Claude Wiseler. Wie wëllt dann nach d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen?

Da géif ech emol direkt der Madamm Ministesch d'Wuert ginn.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Merci, Här President. Kommunikatioun ass effektiv wichteg. A wéi richtig ervirgehuewe ginn ass, hate mer schonn den Dënschdeg Geleeënheet, iwwert déi Motioun ze schwätzen. Jiddefalls hat ech dozou Stellung geholl. An ech denken, dass et an dësen Zäiten effektiv gutt ass, dat nach eng Kéier ze widderhuelen, wat ech gesot hunn.

Et ass richtig, d'Motioun geet drop hin, dass mer opgefuerdert ginn, d'Impfzentere(n) alleguerten nees opzemaachen. Dat ass sécherlech eng vun de Méiglechkeeten. A wéi ech lech et erkläert hat: Impfzentere(n) hunn e grouss Käschtepunkt, et ass eng grouss Logistik. A mir sinn u sech beméit, zu all Moment - an all Dag kënnt am Moment dee Grupp zesummen - déi Vaccinatiounen ze organiséieren. Mir sinn amgaangen, all Dag ze evaluéieren, wat Sënn mécht a wou mer eis Ressourcen am beschten asetzen. Et ass eng ganz schwéierfällg Logistik do hannendrun.

Wéi ech lech en Dënschdeg erkläert hat, musse mer ëmmer mat de Stocke kucken, wat eis grad confirméiert ass deen Dag. Mir si jo net Meeschter iwwert déi Confirmatiounen. Mir sinn tributär dovunner, wat Dag fir Dag confirméiert gëtt a wat net. An a Fonctioun vun de Liwwerungen, déi mer kréien, a Fonctioun vun de Leit, déi disponibel sinn, organiséiere mer dat am beschten.

Dir wësst, dass eng Woch elo usteet, eng Impfwoch, wou mer extreem intensiv present si mat all eise mobilen Ekippen, do sinn d'Leit dermat amgaangen. An ech hat lech och en Dënschdeg gesot, dass mer selbstverständlech amgaange sinn ze evaluéieren, ab wéi engem Moment et Sënn mécht, en nächsten Impfzenter nees opzemaachen, genau sou wéi mer déi ganzen Zäit iwwer evaluéiert hunn, wéini de Moment wär, fir een zouzemaachen. Well einfach deen Afflux, dee moosse mer all Dag, mir hunn all Dag e Rapport, wivill Leit wou waren, an do gëtt dann an där Reunioun moies sech doriwwer beroden, ob dat esou ass, wéi mer et virausgesinn hunn, ob et nach Sënn mécht, dat bäizehalen oder net. Dat hu mer ëmmer gemaach an dat maache mer och elo ëmmer.

A wéi ech lech en Dënschdeg erkläert hat, musse mer dat eeben Dag fir Dag kucken, well vill Variabele sinn. Et sinn d'Liwwerungen engersäits, et ass och d'Personal. Mir sinn am Wanter, d'Leit ginn och krank. Mir hunn Ausfäll bei Honnerte Leit, déi schaffen, an där Impfcampagne falen der natierlech och ewech all Dag, soudass een ëmmer erëm muss kucken, wat Sënn mécht, wat mer un d'Stoe kréien a wat net.

Ech hat lech och en Dënschdeg gesot, et géif mer schwéierfalen, mech ze engagéieren, wéini en Impfzenter opgeet, well mer et eeben Dag fir Dag evaluéieren. A Stand haut, do hu mer haut de Moie festgestallt, dass mer haut net déi Securitét hätten, fir kënnen eng méi genau Ausso ze maache wéi ech dat an Dënschdeg gemaach hunn. Dofir hat ech u sech och de Kolleg Dan Kersch gefrot, op meng

Aussoen ze verweise vum Dag virdrun, well u sech keen neit Element do ass.

Mee ech gi mer awer Rechenschaft, dass et wichteg ass, d'Saachen ze widderhuelen. Och mat der Kommunikatioun hutt Der Recht. Mir hu bei engem System, wou mer alles opgemaach hate fir jiddwereen, gesinn, wéi mer de Rapport kritt hunn, wat fir eng Affluence do war, wat jo u sech och positiv ass. Ech mengen, kee vun eis hat warscheinlech domadder gerechent, dass esou Schlaange wiere vu bis zu dräi Stonnen. Dunn hu mer eis iwwerluecht, moies an eiser Reunioun, wat mer kéinte maachen, fir ganz flexibel a schnell dorobber ze reagéieren. An do si mer eeben op d'Soluitioun komm, fir bei den Impfzentere just nach mat Rendez-vous ze fueren an déi aner Popup-Storen, déi mer am Moment um Niveau vun der Campagne lafen hunn, oppen accessibel ze maachen, fir do en Equilibre ze fannen. Et ass och deementsprechend e Communiqué direkt erausgaangen den Dag drop.

An och do wär ech ganz dankbar ... Ech mengen, mir sinn alleguerte professionell Politiker, mir si vill am Kontakt mat de Leit, an et ass ganz komplizéiert, déi Informatiounen ze suivéieren, et kënnt all Dag Niees. Mir sinn natierlech alleguerten do gefuerdert. An ech sinn och op lech alleguerten ugewisen, déi Dir och Froe gestallt kritt, dass een déi offiziell Kommunikatiounen dann och esou weidergëtt.

Och am selwechte Sënn bei deem, wat geimpft gëtt. Ech hat et och den Dënschdeg gesot, Dir hat déi Fro gestallt, ech hat lech déi mëndlech beäntwert: Den CSMI gëtt vir, dass d'Boosterimpfung mat engem mRNA-Vaccin gemaach gëtt. Dat ass Moderna oder Pfizer. Et ass also net obligatoresch Pfizer. Mee mir halen eis un dat, wat virginn ass. Mir probéieren, wann et nëmme iergendwéi geet, Moderna ze maachen. Mee mir stoppen awer och net d'Campagne, wann deen eng Kéier net disponibel ass.

Wéi gesot, mir hu ganz vill Liwwerungen ënnerwee. Mir mussen Dag fir Dag kucken: Wat kënnt un? Wat kënnt net un? Et kënnt net esou flockeg, wéi wann ee sech an de Cactus, ech weess net, e Pak Miel kafe geet. Hei si grouss Variatiounen dran. An dofir passe mer dat ëmmer un, dass mer konform sinn zu deem, wat d'Experten eis virginn hunn.

De CSMI huet eng kloer Virgab ginn, wat mer wéi kënnen booster, och a wéi enger Dosis. Do hale mer eis selbstverständlech drun. Dass dat komplizéiert Donnéeë sinn, dat ass mer scho bewosst. An et ass ganz schwéier, an där ganzer Pandemie hei esou komplex Informatiounen ronderëm d'Impfungen wierklech u jiddwereen erunzkréien.

Jiddefalls, och do hat Dir d'Fro gestallt, mee ech mengen, si war beäntwert. Ech hunn net méi den Iwwerbléck, mir haten dës Woch ganz vill Question-parlementairen. Ech liesen déi alleguerten, ech validéiere se och, déi erausginn. Ech muss lech awer éierlech soen, wann ech se elo net viru mer hunn, weess ech net méi genau ze soen, wéi eng beäntwert ass a wéi eng net. Ech mengen, Är Fro war direkt beäntwert ginn. Si missten all eraus sinn.

Och dat géif ech lech bieten, et sinn natierlech ëmmer wichteg Informatiounen - déi Froen, déi Der stellt, si pertinent an do kommen ëmmer erëm nei Informatiounen, déi natierlech och wichteg sinn am Kontext vu Froen, déi d'Leit un lech alleguerten hunn -, fir déi dann och esou weiderzeginn, wéi se kloergestallt ginn.

Also nach eng Kéier: Mir sinn zu all Moment beméit ze kucken, wéini et Sënn mécht, en Impfzenter opzemaachen. Et ass ganz kloer d'Intention vun der Regierung, eis Capacitéiten ze optimiséieren, an dat zu all Moment an esou flexibel wéi méiglech. Wéi gesot, méi wéi all Dag kënnen mer et net evaluéieren. Dat ass dat, wat mer maachen. Déi Rapporte kommen owes spéit, a moies fréi setzen d'Leit do an da kucke mer a mir decidéieren zesummen, wat am meeschte Sënn mécht. A mir sinn och beméit, dat esou schnell wéi méiglech ze kommunikéieren iwwert déi Kanäl, déi mer hunn.

Mir hunn och am Moment all Woch Live-Event, wou Froe kënnen gestallt ginn. Ech ginn dervun aus, dass Der dat och suivéiert. Do kommen och ganz interessant Informatiounen zesummen. Do gesäit een och d'Froen, déi d'Leit sech stellen. Do hu mer wierklech de Bols vun de Leit, wat hir Suerge sinn, wierklech am Wochentakt, a wou een och héiert, wat déi meeschtgestallte Froe sinn. Och dat sinn Indicateuren, déi bei eis afléissen, fir eis Kommunikatioun ze adaptéieren. Mir maachen u sech och ëmmer e Bilan vun de Froen, déi souwuel an de Live-Event wéi op den eenzelne Kanäl, déi mer hunn, Dag fir Dag gestallt ginn. An da gi mer eis eigentlech Méi, an deene Posten, déi erausginn, dat och geziilt esou opzesetzen, dass mer deene Froen entgéintwierken.

Och eis Experten - a mir hunn all Woch aner Experten, déi live disponibel sinn -, zousätzlech zu de Leit vun der Direktioun, kréien déi Froe matgedeelt. An hirer Preparatioun gehéiert dat derzou, dass se héieren a wëssen, wat d'Suerge si vun de Leit. A si gi sech eigentlech och scho Méi, an hiren Exposéen dat dann esou unzegen. Ech si mer bewosst, dass mer dat net perfekt gemaach kréien. Ech loosse





mech do gäre beléieren. Eis Ekippe maachen hiert Besch, eis Experten och. Mir kucken och d’Kommunikatiounen an deenen anere Länner, fir eis ze inspiréieren. Mee an der Perfektioun beweege mer eis warscheinlech och hei zu Lëtzebuerg net. Ech weess net, ob d’Gras anerwärts méi gréng ass. Ech kann lech just assuréieren, wat ech lech den Dënschdeg assuréiert hunn: Mir maachen eist Besch, fir dat esou flexibel wéi méiglech an esou effikass wéi méiglech ze maachen!

Ech géif lech Merci soen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci der Madamm Gesondheetsministesch. Den Här Claude Wiseler freet nach d’Wuert.

■ **M. Claude Wiseler** (CSV), *auteur*.- Jo, ech soen och Merci fir d’Äntwerten. Ech wollt just awer nach froen, ob et méiglech wier, och trotzdeem eng Äntwert op déi lescht Fro ze kréie vun den hallwen Dosisse mam Booster.

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Dat hat ech gesot.

■ **M. Claude Wiseler** (CSV), *auteur*.- Okay, dann hunn ech dat net matkritt. Pardon.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D’Madamm Ministesch nach eng kéier fir d’Prezisiounen.

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Mengen Informatiounen no ... Ech hunn dat awer elo nëmme kuerz kënnen iwwer SMS verifiéieren, well dat net an där Motioun ass, zu där ech erageruff gi sinn de Mëtten. Hätt ech et gewosst - ech war jo elo dräimol kontaktéiert ginn am Nomëtte fir ze kommen -, dann hätten ech et méi genau nogefrot.

Mengen Informatiounen no ass d’Boosterimpfung mat Moderna mat hallwer Dosis. An dat ass da warscheinlech och d’Virgab, déi esou vum CSMI komm ass, fir dat ze maachen, ech ginn emol dovunner aus. Mee do musst Der mer erlaben, dat nach eng kéier ze réckverifiéieren. Dat ass déi Informatioun, déi ech hunn. Ech krut déi och elo iwwer SMS

bestätegt. Et wär mer léiwer gewiescht, ech hätten dat kënnen e bësse méi formell nofroen bei menge Leit, well mer hei live sinn. Mee wann dat net esou sollt sinn, da géif ech dat muer nach eng kéier kloerstellen.

■ **M. Claude Wiseler** (CSV), *auteur*.- Also meng Ausso ass och, datt, wann dat esou ass a mat enger normaler Infektiounsprozedur eng hallef Dosis als drétt Dosis normal ass, da soll dat einfach esou kommunikéiert ginn, fir datt do keng Hesitatioun ass an d’Leit do net eng Interpretatioun maachen, déi erronéiert ass. Wann et medezinesch richtig ass, an ech ginn dovunner aus, dass et richtig ass, wann och d’FDA dat esou schreift, dann, mengen ech, wär et gutt, wann Der dat géift esou kommunikéieren. Well do komme vill Froen, an da stellt een dat einfach kloer, dann ass dat absolutt akzeptéiert.

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Ech ginn och dovunner aus ... Dat ass en Dokter am Impfzentrum, e ass e Professionellen do, an ech géif och do bieten, dass d’Leit einfach Vertrauen hunn! Wa se an enger Urgence an d’Klinick ginn, hu se och Vertrauen an den Dokter, dass en dat richtig mécht. Ech géif wierklech nach eng kéier en Appell maachen un d’Leit, och do dat néidegt Vertrauen ze hunn. Ech mengen, do stinn ech wierklech riicht fir meng Leit. Also, ech sinn iwwerzeegt, dass dat, wat gemaach gëtt um Niveau vun den Impfungen, souwuel bei den Hausdoktere wéi och an eisen Impfzentren, korrekt a richtig ass an no deene Virgaben, déi se kritt hu vun de jeeweilegen Autoritéiten.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci der Madamm Gesondheetsministesch. Wie wëllt nach Stellung zur Motioun huelen?

(*Brouhaha*)

Da komme mer elo zum Vott vun der Motioun.

(*Brouhaha*)

**Vote sur la motion**

D’Ofstëmme fänkt un.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President! Här President! Kann ech nach Stellung huelen?

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Gelift?

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Kann ech nach Stellung huelen?

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Jo, wéi dacks muss ech froen, ier Dir lech iwwerluecht hutt, ob oder ob net? Mir hunn elo gesot, mir kéimen zum Vott vun der Motioun, ...

■ **M. Sven Clement** (Piraten).- Här President, et ass just op der Majoritéitssäit, wou Konfusioun war.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- ... nodeem datt ech dräimol nogefrot hat, Här Kartheiser.

(*Brouhaha et interruptions*)

D’Madamm Gesondheetsministesch wëllt awer nach eppes soen.

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Jo, wann Der erlaabt, just fir prezis ze sinn: Ech kréie confirméiert, dass dat d’Virgab ass vum Avis vum CSMI par rapport zu Moderna. Dat sinn ëffentlech Avisen, déi jo och kommunikéiert ginn an och bekannt si bei de Medezinner. Et sinn technesch Informatiounen, déi mir elo u sech net onbedéngt esou un de Grand public ginn, mee et ass den offiziellen Avis vun dem CSMI, deen, wéi gesot, ëffentlech ass.

■ **M. Claude Wiseler** (CSV), *auteur*.- Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci nach eng kéier der Madamm Ministesch fir déi Prezisioun.

De Vott ass elo ofgeschloss an dës Motioun ass bei 29 Jo-Stëmmen an 30 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 29 voix pour et 31 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Claude Wiseler), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

(*Brouhaha*)

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir de 7., 8. an 9. Dezember virgesinn.

D’Sitzung ass opgehuewen. Ech wënschen lech all e schéinen Owend.

(*La séance publique est levée à 18.49 heures.*)

## Sommaire des séances publiques n<sup>os</sup> 15, 16 et 17

### 15<sup>e</sup> séance

|                                                                                                                                                                                                                                                                    |            |
|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                                                               | p. 193     |
| Communications.....                                                                                                                                                                                                                                                | p. 193     |
| Ordre du jour.....                                                                                                                                                                                                                                                 | p. 194     |
| Dépôt d’une motion par M. Léon Gloden.....                                                                                                                                                                                                                         | p. 194     |
| Dépôt d’une motion par M. Claude Wiseler et                                                                                                                                                                                                                        |            |
| Question urgente n° 5312 de M. Claude Wiseler et Mme Martine Hansen concernant le stock de vaccins contre la Covid-19 .....                                                                                                                                        | p. 194     |
| 7730 - Projet de loi portant modification de :                                                                                                                                                                                                                     |            |
| 1° la loi du 5 mai 2017 concernant certaines modalités d’application et les sanctions du règlement (UE) n° 98/2013 du Parlement européen et du Conseil du 15 janvier 2013 sur la commercialisation et l’utilisation de précurseurs d’explosifs ;                   |            |
| 2° la loi modifiée du 4 juillet 2014 portant réorganisation de l’ILNAS .....                                                                                                                                                                                       | p. 194-195 |
| 7818 - Projet de loi portant modification du Code de la consommation aux fins de transposition de :                                                                                                                                                                |            |
| 1° la directive (UE) 2019/770 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 relative à certains aspects concernant les contrats de fourniture de contenus numériques et de services numériques ;                                                              |            |
| 2° la directive (UE) 2019/771 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 relative à certains aspects concernant les contrats de vente de biens, modifiant le règlement (UE) 2017/2394 et la directive 2009/22/CE et abrogeant la directive 1999/44/CE..... | p. 195-197 |
| Question urgente n° 5312 de M. Claude Wiseler et Mme Martine Hansen concernant le stock de vaccins contre la Covid-19 (suite) .....                                                                                                                                | p. 197     |
| Question élargie n° 113 de M. Jeff Engelen au sujet du transport public .....                                                                                                                                                                                      | p. 197-198 |
| Ordre du jour (suite).....                                                                                                                                                                                                                                         | p. 198     |
| Motion de M. Jeff Engelen relative à la suppression de toute forme de discrimination liée à l’âge dans le Code de la route.....                                                                                                                                    | p. 198-199 |
| Motion de M. Jeff Engelen relative à l’introduction de la flèche verte dans le Code de la route .....                                                                                                                                                              | p. 199     |
| 7895 - Débat d’orientation sur le financement des grands projets d’infrastructure réalisés par l’État .....                                                                                                                                                        | p. 199-205 |
| 7822 - Projet de loi relative à l’émission de lettres de gage, et portant :                                                                                                                                                                                        |            |
| 1° transposition de la directive (UE) 2019/2162 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 concernant l’émission d’obligations garanties et la surveillance publique des obligations garanties et modifiant les directives 2009/65/CE et 2014/59/UE ; |            |
| 2° mise en œuvre du règlement (UE) 2019/2160 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 modifiant le règlement (UE) n° 575/2013 en ce qui concerne les expositions sous forme d’obligations garanties ; et                                            |            |
| 3° modification de :                                                                                                                                                                                                                                               |            |
| a) la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;                                                                                                                                                                                                 |            |
| b) la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d’une commission de surveillance du secteur financier ;                                                                                                                                                    |            |
| c) la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif ; et de                                                                                                                                                                    |            |
| d) la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d’investissement .....                                                                                                                   | p. 205-206 |
| 7423 - Projet de loi concernant le reclassement partiel de la voirie et la reprise par l’État d’une série de chemins vicinaux et portant modification de l’article 6bis de la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création                            |            |

|                                                                                                                          |            |
|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| d’une grande voirie de communication et d’un fonds des routes .....                                                      | p. 206-207 |
| 7843 - Projet de loi relative à l’extension et à la rénovation des bâtiments de la Fondation Kräizbiert à Dudelange..... | p. 207-208 |

### 16<sup>e</sup> séance

|                                                                                        |            |
|----------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| Ouverture de la séance publique .....                                                  | p. 208     |
| Interpellation de M. Serge Wilmes au sujet du bien-être chez les enfants .....         | p. 208-211 |
| Dépôt d’une proposition de loi par Mme Françoise Hetto-Gaasch .....                    | p. 211     |
| Interpellation de M. Serge Wilmes au sujet du bien-être chez les enfants (suite) ..... | p. 211-222 |

### 17<sup>e</sup> séance

|                                                                                                                                                                                                                                                              |            |
|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| Ouverture de la séance publique .....                                                                                                                                                                                                                        | p. 223     |
| 7750 - Projet de loi modifiant la loi du 16 mai 2019 relative à la facturation électronique dans le cadre des marchés publics et des contrats de concession .....                                                                                            | p. 223-225 |
| 7809 - Projet de loi portant modification :                                                                                                                                                                                                                  |            |
| 1° de la loi modifiée du 19 mai 2003 modifiant :                                                                                                                                                                                                             |            |
| 1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l’État ;                                                                                                                                                                  |            |
| 2) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l’État ;                                                                                                                                                           |            |
| 3) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d’avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l’État ;                                                                                 |            |
| 4) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l’État ;                                                                                                                                                                        |            |
| 5) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l’État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois ;                                         |            |
| 6) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l’État peut se faire changer d’administration ; et portant création d’un commissariat du Gouvernement chargé de l’instruction disciplinaire ; |            |
| 2° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d’avancement des fonctionnaires de l’État ; et                                                                                                         |            |
| 3° de la loi modifiée du 25 mars 2015 instituant un régime de pension spécial transitoire pour les fonctionnaires de l’État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois .....                        | p. 225-226 |
| 7750 - Projet de loi modifiant la loi du 16 mai 2019 relative à la facturation électronique dans le cadre des marchés publics et des contrats de concession (suite).....                                                                                     | p. 226     |
| Heure d’actualité du groupe politique CSV au sujet du chômage de longue durée .....                                                                                                                                                                          | p. 226-230 |
| Dépôt d’une proposition de loi par M. Marc Spautz .....                                                                                                                                                                                                      | p. 230     |
| Dépôt d’une proposition de loi par M. Laurent Mosar .....                                                                                                                                                                                                    | p. 230     |
| 7346 - Projet de loi portant sur l’accessibilité à tous de lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d’habitation collectifs .....                                                                                                       | p. 230-236 |
| 7374 - Projet de loi portant                                                                                                                                                                                                                                 |            |
| 1° approbation de la Convention internationale pour la protection de toutes les personnes contre les disparitions forcées, faite à New York, le 20 décembre 2006 ;                                                                                           |            |
| 2° modification du Code civil ;                                                                                                                                                                                                                              |            |
| 3° modification du Nouveau Code de procédure civile ;                                                                                                                                                                                                        |            |
| 4° modification du Code pénal ;                                                                                                                                                                                                                              |            |
| 5° modification du Code de procédure pénale .....                                                                                                                                                                                                            | p. 236     |
| 7785 - Projet de loi portant modification du Code de procédure pénale.....                                                                                                                                                                                   | p. 236-238 |
| Motion de M. Claude Wiseler relative à l’ouverture des centres de vaccination dans toutes les régions du pays.....                                                                                                                                           | p. 238-239 |





Sommaire

| Question n° | Auteur                             | Objet                                                                                                                      |
|-------------|------------------------------------|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| 5514        | Dan Biancalana                     | Données conservées par Europol                                                                                             |
| 5559        | André Bauler, Carole Hartmann      | Prise en charge médicale des enfants                                                                                       |
| 5606        | Martine Hansen                     | Neutralité climatique des administrations et des institutions                                                              |
| 5622        | Max Hengel                         | Situation actuelle sanitaire dans les écoles de l'enseignement fondamental                                                 |
| 5633        | Carlo Weber                        | Rond-point sur la N18 respectivement N20                                                                                   |
| 5653        | Marc Goergen                       | Système « Plug & Charge »                                                                                                  |
| 5723        | André Bauler                       | Problèmes avec les lignes de bus dans le nord du pays                                                                      |
| 5724        | Martine Hansen                     | Parking du Lycée technique agricole à Gilsdorf                                                                             |
| 5789        | Gusty Graas                        | Déclaration du séjour à l'étranger                                                                                         |
| 5800        | Chantal Gary                       | Centres d'accueil pour victimes de violence domestique                                                                     |
| 5803        | Cécile Hemmen                      | Prix de l'électricité                                                                                                      |
| 5806        | Jeff Engelen, Fernand Kartheiser   | Nombre de médecins                                                                                                         |
| 5817        | Max Hahn                           | Subvention loyer                                                                                                           |
| 5818        | Max Hahn                           | Terrains constructibles disponibles                                                                                        |
| 5820        | Simone Asselborn-Bintz             | Pénurie dans le secteur socio-éducatif                                                                                     |
| 5822        | Laurent Mosar                      | Proposition de directive visant à rendre les monnaies et les services cryptographiques plus respectueux de l'environnement |
| 5823        | Djuna Bernard                      | Études d'art au Luxembourg                                                                                                 |
| 5825        | Martine Hansen                     | Production de fruits et légumes                                                                                            |
| 5826        | Nathalie Oberweis                  | Engagement de la place financière en matière de droits humains                                                             |
| 5827        | Marc Goergen                       | Engagement de l'armée dans le cadre de la pandémie                                                                         |
| 5829        | Sven Clement                       | Délégations du personnel dans les conseils d'administration des entreprises comportant une participation de l'État         |
| 5832        | Fred Keup, Jeff Engelen            | Locaux sanitaires publics sans obstacles                                                                                   |
| 5834        | Marc Hansen                        | Nitrites dans la charcuterie                                                                                               |
| 5836        | Fernand Kartheiser                 | Renouvellement de la carte d'identité                                                                                      |
| 5837        | Fernand Kartheiser                 | Nouvelle réglementation de l'Union européenne concernant les sociétés boîtes aux lettres                                   |
| 5838        | Roy Reding                         | Simplification de la procédure d'obtention d'une autorisation de travail pour les réfugiés ukrainiens                      |
| 5839        | Roy Reding                         | Vaccin contre le pneumocoque des décès Covid                                                                               |
| 5840        | Fred Keup, Fernand Kartheiser      | Dons de livres                                                                                                             |
| 5841        | Nathalie Oberweis                  | Personnes fuyant le conflit armé en Ukraine                                                                                |
| 5843        | Marc Goergen                       | Ligne éditoriale pour les bulletins communaux                                                                              |
| 5846        | Marc Goergen                       | Leasing d'un avion de German Airways par Luxair                                                                            |
| 5849        | Marc Goergen                       | Promotion des ministères à l'aide des médias sociaux                                                                       |
| 5857        | Jeff Engelen                       | Évaluation de la réforme du RGTR                                                                                           |
| 5858        | Jessie Thill, François Benoy       | Fin de validité des dispositions transitoires du Pacte Logement en matière de PAP/PAG                                      |
| 5860        | Fernand Kartheiser                 | Blocages des médias russes RT et Sputnik                                                                                   |
| 5866        | Sven Clement                       | Projet « Digital Skills »                                                                                                  |
| 5867        | Laurent Mosar, Serge Wilmes        | Suspension de la chaîne « Russia Today »                                                                                   |
| 5869        | Simone Asselborn-Bintz, Dan Kersch | Recouvrement de pensions alimentaires                                                                                      |
| 5871        | Charles Margue                     | Actifs du FDC en Russie                                                                                                    |
| 5874        | François Benoy, Jessie Thill       | Sécurité des installations nucléaires en Ukraine                                                                           |
| 5877        | Léon Gloden                        | Incendie au Centre pénitentiaire de Schrassig                                                                              |
| 5878        | Fernand Kartheiser                 | Combattants irréguliers                                                                                                    |
| 5879        | Diane Adehm                        | Paiement des pensions alimentaires                                                                                         |
| 5884        | Laurent Mosar, Diane Adehm         | Aides à la presse                                                                                                          |
| 5886        | Marc Lies                          | Finances communales                                                                                                        |
| 5887        | Marc Goergen                       | Fourrière dans le sud du pays                                                                                              |
| 5888        | Gusty Graas                        | Sanctions à des journalistes et présentateurs de télévision russes                                                         |
| 5899        | Marc Lies                          | Distribution de comprimés d'iode                                                                                           |
| 5900        | Jessie Thill                       | Gestion des stocks communaux de comprimés d'iode de potassium du Plan d'urgence national « Accident nucléaire »            |
| 5951        | Max Hengel, Martine Hansen         | Bureau de soutien psychologique de l'Université du Luxembourg                                                              |

**Question 5514** (18.01.2022) de **M. Dan Biancalana (LSAP)** concernant les **données conservées par Europol** :

D'après un récent article intitulé « EU-Kommission stellt sich schützend vor Europol » paru dans la « Frankfurter Allgemeine Zeitung » le 12 janvier 2022, le Contrôleur européen de la protection des données ordonne à Europol d'effacer de grandes quantités de données. Il s'agit de données qui ne sont pas liées à des délits concrets. Jusqu'à présent, aucun délai n'a été fixé pour l'effacement de ces données. Le Contrôleur européen de la protection des données le fixe à six mois. Étant donné qu'Europol n'a pas de compétence en matière d'enquête, ces données sont mises à disposition par les États membres. Europol critique la décision d'effacer les données en arguant du fait que l'effacement nécessite souvent plus de temps que six mois.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

- 1) Le Luxembourg partage-t-il la position du Contrôleur européen ? Dans l'affirmative, lesquelles ?
- 2) Le Grand-Duché de Luxembourg a-t-il transmis de telles données à Europol ?
- 3) Quelle est la position du Gouvernement face à la critique d'Europol ?

**Réponse** (18.02.2022) de **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure** :

- ad 1) À l'instar des autres membres d'Europol, le Luxembourg a pris acte de la décision du Contrôleur européen de la protection des données (CEPD).
- ad 2) Les données transmises par la Police grand-ducale à Europol sont conformes au référentiel légal prévu par l'actuel mandat d'Europol. Il en va de même pour les échanges de l'Administration des douanes et accises ainsi que de la Cellule de renseignement financier avec ladite agence.
- ad 3) Il est à noter tout d'abord qu'Europol est un outil primordial pour le travail policier et un soutien important dans le cadre de certaines enquêtes. Ceci est notamment le cas pour un petit pays comme le Luxembourg qui ne dispose pas de suffisamment de ressources ne serait-ce que pour l'ana-

lyse de toutes les données à sa disposition dans ce contexte. Le Luxembourg prône depuis toujours dans les différents fora y dédiés qu'il est fondamental de trouver le bon équilibre entre les impératifs opérationnels et les droits fondamentaux ainsi que la protection des données à caractère personnel.

**Question 5559** (24.01.2022) de **M. André Bauler et Mme Carole Hartmann (DP)** concernant la **prise en charge médicale des enfants** :

Avec l'entrée en vigueur de la loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière, les hôpitaux du pays ont été autorisés à exploiter un service de pédiatrie de proximité, avec l'objectif d'assurer une meilleure prise en charge médicale des enfants et de désengorger le service des urgences de la Clinique Pédiatrique de la capitale.

Ainsi, les Hôpitaux Robert Schuman disposent d'un service d'urgences pédiatriques et d'une polyclinique pédiatrique à la Clinique Bohler. Une autre structure de prise en charge pédiatrique ambulatoire se trouve au Centre Hospitalier du Nord.

Cependant, il nous revient que quelques problèmes subsistent, dont, entre autres, de longs délais d'attente et de longs trajets pour les citoyens vivant dans le nord et dans l'est du pays.

À ce sujet, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

- 1) Madame la Ministre peut-elle informer sur l'évolution des effectifs de personnel et du nombre de patients dans la Clinique Pédiatrique en précisant tout particulièrement le nombre de patients issus des cantons de la circonscription Nord et des cantons de Mersch et d'Echternach ?
- 2) Quels sont les services de la « Kannerklinik » les plus sollicités couramment ces dernières années ?
- 3) Comment la prise en charge pédiatrique est-elle actuellement organisée au niveau du Centre Hospitalier du Nord ?
- 4) Ne serait-il pas opportun de créer une sorte de maison médicale réservée aux jeunes patients, voire un service d'urgence spécifique afin de déles-

ter la « Kannerklinik » et de réduire les trajets des citoyens habitant le nord et certaines contrées de l'est du pays ?

5) Pour quelles raisons la prise en charge pédiatrique n'a-t-elle pu être améliorée ces dernières années pour les habitants du Nord et de certaines localités de l'Est durant les weekends et pendant respectivement la soirée et la nuit ?

**Réponse** (25.02.2022) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** :

ad 1) En ce qui concerne les effectifs en personnel, les effectifs médicaux ont évolué progressivement entre 2018 et 2021 en allant de 28,3 ETP à 34,6 ETP alors que les effectifs en professionnels oignants ont évolué de 137,6 à 154,8 ETP.

L'origine des patients admis à la Kannerklinik en fonction de leur canton de résidence a évolué comme suit :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

ad 2) Il faut distinguer entre les activités programmées et non programmées au sein de la Kannerklinik. Comme prévu par la loi hospitalière du 8 mars 2018 et suivant les autorisations de service émises en 2019, la Kannerklinik regroupe les activités de pédiatrie spécialisée. D'autres services nationaux dédiés à l'enfant et à l'adolescent y sont également localisés en raison de leur caractère national. Le contexte de relative pénurie de médecins spécialistes en pédiatrie au niveau européen et également national impose une centralisation des activités spécialisées.

En complément des activités spécialisées, la Kannerklinik assure le service national d'urgence pédiatrique.

Enfin, la Kannerklinik héberge depuis le 24 juillet 2015 la maison médicale pédiatrique pour les consultations de pédiatrie en dehors des heures d'ouverture des cabinets pédiatriques.

L'activité non programmée des urgences pédiatriques représente deux tiers de l'activité en termes de nombre de patients. La radiologie pédiatrique est fortement dépendante de cette activité non programmée.

L'activité programmée, quant à elle, se répartit principalement entre les services nationaux de pédiatrie spécialisée et de chirurgie pédiatrique.

ad 3) Une prise en charge non programmée est assurée au niveau du service d'urgence du CHdN pour les enfants et jeunes patients nécessitant une prise en charge urgente. En fonction de l'anamnèse et sur avis de l'urgentiste un renvoi vers un service spécialisé de la Kannerklinik peut s'imposer.

En complément à l'activité en semaine des cabinets médicaux pédiatriques, une plage horaire de 10.00-12.00 heures est assurée les weekends et jours fériés pour les consultations urgentes non programmées. Trois lits d'hospitalisation sont réservés pour accueillir des enfants pour de la chirurgie programmée.

ad 4) Au vu du manque de pédiatres disponibles, il n'est actuellement pas possible d'organiser de telles activités reposant sur des compétences pédiatriques dans une maison médicale régionale dédiée.

ad 5) Le temps d'accès n'est qu'un des facteurs qui impacte la qualité de la prise en charge médico-soignante ; afin de privilégier d'autres facteurs tels que la compétence pédiatrique, la sécurité, et l'efficacité de la prise en charge des jeunes patients, les ressources disponibles sont organisées de manière centralisée.

Comme indiqué dans la réponse à la question 3, une prise en charge complémentaire pour les consultations urgentes est assurée le week-end au CHdN. Cette disponibilité est assurée par les médecins spécialistes en pédiatrie en complément à leur activité dans leurs cabinets. Il n'est de ce fait pas possible d'assurer une disponibilité pédiatrique complémentaire décentralisée.

**Question 5606** (28.01.2022) de **Mme Martine Hansen (CSV)** concernant la **neutralité climatique des administrations et des institutions** :

Virun engem Joer hat ech eng Question élargie un d'Madamm Ëmweltministesch zu dem Thema gestallt fir gewuer ze ginn, wat d'ëffentlech Hand ka maache fir senger Virbildroll, déi se am Klima-





schutz sollt anhuelen, besser gerecht ze ginn. An dësem Kontext gouf och eng Motioun ugehol, déi d'Regierung opfuerdert, ons Verwaltunge bis 2040 klimaneutral ze maachen.

An deem Kontext wéilt ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wat ass den aktuelle Stand a wéi gesäit den Zäitplang fir zäregasneutral Administratiounen aus?

2. Wéi kommen d'Aarbechten zum ugekënnegte Leitfaden als Hëllef fir d'Verwaltunge virun? Wéini soll dëse publizéiert ginn?

3. Wéi huet sech de Fierpark an deem leschte Joer entwéckelt? Wéi vill Autoe mat Verbrennungsmotor, E-Motor, Hybrid a Plug-in Hybrid goufen am deem leschte Joer ausgeschriwwen a wéi huet sech dat par rapport zum virleschte Joer entwéckelt? Wéi gesäit de Planning fir déi nächst Joren aus? Gëtt et mëttlerweil en internt Reglement, dat de Kaf vun engem E-Auto favoriséiert?

4. Konnt den Energieverbrauch vun den ëffentleche Gebaier an deem leschte Joer gedrosselt ginn? Wa jo, ëm wéi vill Prozent? Gëtt et e Renovéierungsplang fir déi ëffentlech Gebaier? Wéi vill Staatsgebaier goufen am leschte Joer renovéiert? Wéi vill Gebaier (Prozentzuel) krute mëttlerweil en EMAS-Zertifikat ausgestallt? Wéi vill Gebaier mussen nach renovéiert ginn, fir energiekonform ze ginn?

5. Op wéi villen ëffentleche Gebaier kann eng Fotovoltaikanlag installéiert ginn? Wéi vill Gebaier goufen d'lescht Joer mat enger PV-Anlag ausgerëscht a wéi gesäit de konkreeten Zäitplang bis 2025 aus?

6. Wéi huet sech den Energieverbrauch bei der Informatiouns- a Kommunikatiounstechnik vum Staat entwéckelt? Wéi wëll een zum Beispill staatlech Datenzentren an Zukunft klimaneutral kréien?

7. Bei wéi villen ëffentleche Gebaier gouf eng Chargy-Station installéiert? Wéi gesäit hei den Zäitplang fir déi nächst Joren aus?

**Réponse** (22.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. + 2. De Staat ass weiderhi gewëllt seng Virbildroll Richtung Klimaneutralitéit ze iwwerhuelen. Dëst gouf och nach emol an der Klimalaangfriststrategie, déi d'Regierung am Oktober 2021 adoptéiert huet, ënnerstrach: „Dans le but de renforcer le rôle précurseur de l'État, une stratégie de décarbonisation sera élaborée en concertation avec tous les ministères, poursuivant l'objectif de la neutralité climatique de l'administration étatique dès 2040.“ De Leitfaden fir zäregasneutral Administratiounen wäert am Joer 2022, zesumme mat alle concer néiertten Acteuren, virbereet ginn.

ad 3. Den Tableau ënnendrénnner schlësselt d'Immatriculatiounen vum Fierpark vun 2021 op:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

Den Tableau ënnendrénnner schlësselt d'Entwécklung vum Fierpark vum leschte Joer par rapport zum virleschte Joer op:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

Bei der leschter zentraler Acquisitioun vu Gefierer fir de Staat (2021) goufen 19 100 % Elektroautoen an 13 Plug-in Hybrid ausgeschriwwen. Fir 2022 ass et virgesinn, 44 100 % Elektroautoen a 14 Plug-in Hybrid iwwert déi zentral Acquisitioun anzekafen. Mat Ausnam vun den Asazgefiierer fir d'Police grand-ducale an och de Gefierer mat Allrad fir Verwaltungen, wéi beispillsweis d'Naturverwaltung oder d'Waasserverwaltung, fir déi et momentan nach keng adequat elektresch Alternativen ginn, gi gréisstendeels nëmmen nach elektresch Autoe fir de Staat kaf.

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N° 3746 preziséiert, ginn all Joer an der Annex A vun der Budgetscirculaire d'Krittären en vue vun enger Dekarboniséierung vum Fierpark virgesinn a vu Joer zu Joer progressiv eropgesat. Esou ginn dëst Joer fir d'éischte Kéier elektresch Fourgonnetten ausgeschriwwen. Ab 2023 wäert och all normalen Dëngschtauto, deen net 100 % elektresch ass, mussen eng Derogatioun kréien. Aktuell ass dat nëmme fir Dëngschtautoe mat engem thermesche Motor de Fall.

ad 4. D'Consommatiounen vun allen ëffentleche Gebaier ginn de Moment nach net zentral erfaasst, dofir gëtt ee kee Chiffer, ëm wéi vill Prozent de Verbrauch gedrosselt konnt ginn.

D'Verwaltung fir ëffentlech Bauten huet eng „Stratégie d'assainissement“, wou déi allgemeng Virgoensweis bei Sanéierung beschriww gëtt. Dës gouf 2014 an der zoustänneger Chamberskommissioun presentéiert, 2020 gouf en Addendum zum Dokument presentéiert.

Säit 2010 sinn et 55 gréisser Projeten, wou Gebaier energieeteschn renovéiert ginn, fir de Verbrauch ze re-

duzéieren. Dobäi kommen awer nach vill kleng Interventiounen, wou Gebaier zumindest punktuell renovéiert goufen a wou et dann och zu entsprecheende Reduktiounen vum Energieverbrauch komm ass.

Den EMAS, also den Eco-Management and Audit Scheme, ass en Ëmweltmanagementsystem mat Zertifikatioun, dee kontinuéierlech Verbesserunge beim Impact op d'Ëmwelt beim Betrib vum Gebai fërdert. Dorënnner falen all méiglech Aspekter ewéi zum Beispill Offallvermeidung, energiespuerend Notzung oder och nach den Ëmweltschounenden Akaf vu Produiten an Déngschtleeschungen. Eng EMAS-Zertifizéierung ass also e Prozess, dee vum Notzer vun engem Gebai applizéiert muss ginn. D'Verwaltung fir ëffentlech Bauten huet keng Informatiounen dozou, wéi eng Notzer zurzäit den EMAS ëmgësat hunn.

Bei all Gebai, wou gréisser oder och punktuell Renovatiounen gemaach ginn, gëtt déi aktuell Gesetzgebung bezüglech der Energieeffizienz respektéiert.

ad 5. Fir de Moment ass et net méiglech, pauschal, ouni detailléiert Etüd ze soen, bei wéi vill Prozent vun de Gebaier Fotovoltaikanlage méiglech oder sënnvoll sinn, haaptsächlech aus folgende Grënn:

- Ongefëier 9 % vun de Gebaier sinn als „Monument national“ klasséiert oder um „Inventaire supplémentaire“ ageschriwwen, soudass et bei deenen net ouni Weideres méiglech ass, eng Fotovoltaikanlag ze installéieren. Doniewent ginn et awer och nach vill Gebaier, déi zwar net klasséiert sinn, mee historesch sensibel Gebaier sinn.

- Bei verschiddenen Diech erlaabt d'Statik et net, fir nach en zousätzlecht Gewiicht ze installéieren.

- Op verschiddenen Diech stinn aner technesch Anlagen, wéi Klima- oder Lüftungsgeräte, soudass keng Plaz méi ass, fir zousätzlech nach Fotovoltaikanneuen ze installéieren.

- Verschidden Diech eegnen sech net fir eng Fotovoltaikanlag, well se schlecht orientéiert sinn oder well d'Verschattung um Daach ze grouss ass respektiv se anescht benotzt ginn, wéi zum Beispill als Daachtërrass.

2021 huet d'Verwaltung fir ëffentlech Baute siwe Fotovoltaikanlagen installéiert. An der Moyenne sollen déi nächst Jore jee weils zéng Anlagen derbäikommen. Bis 2025 probéiert een, déi Zuel Joer fir Joer ze erhéijen.

ad 6. D'Regierung setzt bei der Digitaliséierung konsequent op Energieeffizienz an erneierbar Energien. E konkreet Beispill fir dës Strategie ass den Zenter fir Informatiounstechnologë vum Staat (CTIE), dee fir seng Datenzentren exklusiv 100 % erneierbar Energien notzt a säi Stromverbrauch zum Beispill doduerch optimiséiert, dass all déi staatlech Internetsitten op enger gemeinsamer Plattform lafen, déi vum CTIE bedriww gëtt.

ad 7. Ofhängeg dovun, wéi wäit de Fierpark un Déngschween an engem Ministère oder an enger Administratioun schonn elektrifizéiert ass, goufen an de respektive Gebaier och entsprechend vill Bornen installéiert. Wat Bornen am „Chargy“-Reseau ueget, also Luedstatiounen, déi fir jidder Notzer vun engem Elektroauto sollen accessibel sinn, esou goufen där bis elo nëmme vereenzelt direkt bei d'ëffentlech Gebaier gesat. Dëst, well et op de mannste Sitte vill Parkplaze fir Visiteure ginn an den Equipement vun ëffentleche Parkplazen an der Proximitéit vun dëse Gebaier an der Responsabilitéit vun de jeeweilege Gemenge läit. Ee Projet, deen awer ervirgehuewe ka ginn, ass de Parking „Place de l'Europe“, wou 39 Parkplaze mat „ChargyOK“-Bornen équipéiert goufen an dës doduerch och fir d'Visiteure vun den ëffentlechen Administratiounen an Informatiounen an der direkter Ëmgéigend zur Verfügung stinn.

D'Verwaltung fir ëffentlech Bauten huet bis elo ongeféier 160 Luedpunkte fir Dëngschtautoe bei iwwer 50 Gebaier installéiert. Den Zäitplang vun der Installatioun vu Luedstatiounen orientéiert sech un der Entwécklung vun den Aquisitiounen vun den elektreschen Dëngschtautoen. Esou ass zum Beispill och bei der Renovatioun vum Parking Clairefontaine ee ganze Stack mat 40 Parkplaze fir Elektroautoe virgesinn a weider 20 Parkplaze gi schonns virequipéiert. D'Unzuel u Borne ka bei Bedarf och nach weider adaptéiert ginn.

**Question 5622** (31.01.2022) de **M. Max Hengel** (CSV) concernant la **situation actuelle sanitaire dans les écoles de l'enseignement fondamental** :

Duerch déi aktuell Pandemie an déi héich Infektiounszuele bei de Schoulkanner hu sech generell d'Aufgabe vum Léierpersonal a vun alle Leit, déi d'Kanner an de Schoulen an Accueil-Strukturen encadréieren, staark verännert a si mussen ganz vill administrativ Demarchen am Fall vun engem positive Schüler iwwerhuelen. Esou ass am Cycle 1 virgesinn, dass am Fall vun engem „cas contact“ d'Eltere während enger Woch moies doheem e Schnelltest maachen. Wann dëse positiv ass, mussen d'Elteren

dat der Léierpersoun mellen. Dono muss dann d'Léierpersoun d'Santé, de Schoulcomité, d'Regionaldirektioun an all aner Elteren aus der Klass informéieren. Hei geet ganz vill Zäit verluer, an där d'Léierpersonal sech net ëm d'Kanner këmmere kann.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Deelt d'Regierung d'Meenung, dass dës Demarchen dem Léierpersonal ze vill Zäit ewechhuelen, an där et sech net ëm den Encadrement vun de Kanner këmmere kann?

2. Wa jo, ass d'Regierung bereet, e Mailsystem oder eng App ze entwéckelen, bei deem all déi Concernéiert direkt informéiert ginn, soubal Eltere mellen, dass hiet Kand positiv ass?

3. Et kann ee feststellen, dass op der Homepage vum Educatiounsministère, op där sécherlech vill Eltere sech informéieren, niift de Mesuren, déi aktuell a Kraaft sinn, och nach eng ganz Rei Informatiounen stinn, déi net méi aktuell sinn an domat zur Konfusioun kënnen bäidroen. Ass d'Regierung bereet, kuerzfristeg d'Homepage esou ze gestalten, dass just nach déi aktuellst Mesuren ofzeruffe sinn?

**Réponse** (08.03.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

ad 1. + 2. Bedéngt doduerch, dass d'Autoschnelltester am Cycle 1 virun der Schoul doheem an net wéi an de Cyclen 2-4 an der Schoul realiséiert ginn, kënn et zu enger ënnerschiedlecher Virgoensweis a puncto Deklaratioun vum Testresultat.

Vu dass d'Eltere vun de Schülerinnen a Schüler aus dem Cycle 1 am Fall vun enger Participatioun vun hirem Kand um Testdispositif, dee vusäite vun der Schoul proposéiert gëtt, d'Tester doheem réaliséieren, läit et op der Hand, dass dës am Fall vun engem positive Resultat vun engem Schnellsebsttest vun hirem Kand esouwuel d'Direktioun vun der Santé wéi och den Titulaire de classe heiriwwer informéieren.

Vu d'Upassung vum sanitären Dispositif an de Schoulen, muss den Titulaire de classe d'Elteren, déi um Testdispositif, deen an de Schoulen ugebuede gëtt, deelhuelen, eenzeg doriwwer informéieren, dass während enger Woch een Testing renforcé duerchgefuert gëtt an de Schüler déi néideg Unzuel u Schnellsebsttester mat heem kritt.

Zousätzlech informéiert den Titulaire de classe d'Regionaldirektioun ausserhalb vun de Schoulstonnen iwwert dee positive Fall a senger Klass. D'Informéiere vun den Elteren an d'Matheemgi vun de Schnellsebsttester kann am Virfeld preparéiert ginn, esou dass keng negativ Repercussiounen op den Encadrement vun de Schülerinne a Schüler entstinn.

Vu den Artikel 16 vun der Loi modifiée du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire, ass et un den Elteren, fir den Titulaire de classe iwwert d'Absence vum Kand ze informéieren an deemno kann dës Kommunikatioun net via een automatiséierte Mailingsystem assuréiert ginn.

ad 3. Déi zoustänneg Servicer aus mengem Ministère si beméit, d'Informatiounen op eise Internetseite konstant à jour ze halen. Wann den Dispositif sanitaire adaptéiert gëtt oder aner Mesuren am Kontext vun der Covidkris geännert ginn, ginn d'Informatiounen um Site esou séier wéi méiglech aktualiséiert. Dobäi kann et an Ausnahmefäll virkommen, dass et zu engem kuerzen, zäitlechen Decalage kënn. Dat kann engersäits doduerch bedéngt sinn, dass nei Mesuren schonn annoncéiert ginn, déi aktuell Mesuren awer parallel nach en vigueur bleiwen, bis dat neit Gesetz a Kraaft trëtt.

Doriwwer eraus hält och d'Iwwersetzung vun de Frequently asked questions, déi um Site a fënnef Sproochen ugebuede ginn, eng gewëssen Zäit an Usproch, déi awer natierlech esou kuerz wéi méiglech gehale gëtt.

All Kommunikatiounen um Site si kloer datéiert, esou dass de Lieser se zäitlech areie kann.

**Question 5633** (31.01.2022) de **M. Carlo Weber** (LSAP) concernant le **rond-point sur la N18 respectivement N20** :

Am Kanton Clief ginn et op d'mannst zwou Kräizungen, op deenen et schonn zu sëllegen, zum Deel deidlechen, Accidenter komm ass. Riets ass vun de Kräizungen, wou engersäits d'N12 op d'N20 an anersäits d'N18 op den CR373a bei Lenzweiler treffen. Am Joer 2020 krut de Gemengerot vu Wëntger déi positiv Noriicht, dass déi zoustänneg Ämter sech der Saach géifen unhuelen, an op d'mannst de Kreesverkéier bei Lenzweiler a Richtung Industriezon an Eeselbuer (CR332) geplangt wier. Grad wann d'Transversale vu Clief (N7-CR340-N18) fäerdeg gëtt, wieren esou Kreesverkéier vu Notzen, fir dass de Verkéier op deene Plazen entlaascht an d'Gefor vun Accidenter erfogesat gëtt.

An deem Zesummenhang wëll ech dem Här Minister Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten dës Froe stellen:

- Ginn et Pläng fir Kreesverkéier, déi dës Plazen laanscht d'N18 respektiv d'N20 betreffen?

- Wa jo, fir wéini ass mat den Aarbechten ze rechnen?

- Wann nee, sinn aner Mesurë virgesinn, fir de Verkéier op deene Plazen esou ze reegelen, fir dass manner Accidenter geschéien, respektiv e verbesserte Verkéiersfloss entsteet?

**Réponse** (09.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

Als Äntwert op dem honorabelen Deputéierte seng Fro kann ech matdeelen, dass déi zwou Plaze bekannt sinn, an d'Stroosbauverwaltung Léisungen ausgeschafft huet, fir d'Sécherheet do ze erhéijen, Léisungen iwwert déi d'Gemeng Wëntger am Bild ass.

Op der Kräizung op der Féitsch (Allerbuer), wou d'N12 op d'N20 trëfft, gëtt e Kreesverkéier ugeluecht. Nodeems den Avant-projet heifir de 24. August 2021 vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte gutt geheescht gouf, ass de Projet elo am Stadium vum Soumissiounsdossier. Fir dëse Projet gouf och schonn en Emprisen-Dossier erstellt, souwéi eng noutwendeg Ekobilanzéierung, déi am Kader vun der Ufro fir déi néideg Ëmweltge-neemegung gebraucht gëtt.

Op der Kräizung zu Lenzweiler, wou d'N18 op den CR373a trëfft, gëtt och op e Kreesverkéier zeréckgegraff, fir sou d'Sécherheet do ze verbessern. Nodeems den Avant-projet sommaire heifir de 17. Januar 2022 vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte fir gutt befonnt ginn ass, gëtt elo vun der Dikrecher Stroossendivisioun DVD um Avant-projet détaillé geschafft.

**Question 5653** (04.02.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant le **système « Plug & Charge »** :

Dëse System erméiglecht et, dass Besëtzer vun E-Autoen, no enger éischer Registréierung just nach brauchen de Stecker bei der Luedstatioun eran an erëm eraus ze stiechen. D'Bezuele leeft automatesch iwwert déi bei der Registréierung uginne Bezuelmethod of. Esou spuert een Zäit, an et brauch een net méi opzepasst, wéi eng d'Luedstatiounen, wéi eng Bezuelmethode fuerderen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Energie dës Froe stellen:

1. Wéi steet de Minister zum Plug & Charge-System?

2. Wéi vill Bornen zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen haut dëse System?

3. Wéi steet de Minister zu enger EU-wäiter obligatorescher Aféierung vun esou engem System?

**Réponse commune** (08.03.2022) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie*, et de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

„Plug & Charge“ gëtt bei Elektroautoen d'Funktoun genannt, déi d'Lueden op enger Born direkt start, dëst esoubal d'Gefier an d'Born per Kabel matenee verbonne ginn. Viraussetzung heifir ass natierlech, dass den Auto dofir registréiert gouf, an eng Bezuelméiglechkeet hannerluecht ginn ass. Dëst bréngt de Virdeel mat sech, dass den Utilisateur de Luedvirgang net nach individuell muss autoriséieren, mee den Elektroauto dëst automatesch beim Luedpunkt mécht. All Funktioun, déi d'Elektromobilitéit a virun allem d'Lueden op ëffentlech zougängleche Borne méi einfach a bequeem mécht, ass prinzipiell ze begreissen.

D'ISO-Norm 15118 definéiert de Kommunikatiounsprotokoll tëschent engem Elektroauto an enger Luedstatioun, woubäi den zweeten Deel vun dëser Norm (15118-2) de „Plug & Charge“ mat ofdeckt. Een Nodeel vun der aktueller 15118-2-ISO-Norm ass, dass nëmmen eng Luedkaart kann hannerluecht ginn. Dat kann deelweis mat sech bréngen, dass den Auto zwar automatesch op enger Born luet, mee de Client net op een eventuell méi gönschtegen Tarif wiessele kann. Et sief awer dorobber verweisen, dass momentan déi benannten ISO-Norm iwwerschafft gëtt, esou dass een an Zukunft och manuell sollt kënnen een Tarif auswäien. Fir dass de „Plug & Charge“ funktionéiert, mussen allerdéngs d'Luedbornen an och den Elektroauto déi genannten ISO-Norm ënnerstëtzen. Dëst ass am Moment bei béiden net obligatoresch.

Zu Lëtzebuerg ënnerstëtzt den „Chargy“-Reseau aktuell de „Plug & Charge“ net. Dëst aus den uewe genannte Grënn a well et beim „Chargy“ eng ganz breet Auswiel aus Luedtariffer gëtt. Ausserdeem misst all Tariffubidder dann eng spezifesch „Plug & Charge“-Léisung fir „Chargy“ opsetzen. Do dernieft ginn et momentan net all ze vill Modeller un Elektroautoen, déi d'ISO-Norm 15118 ënnerstëtzen. Zousätzlech ass nach ervirzehiewen, dass déi am





meescht verbreete „Plug & Charge“ Ëmsetzungen, notament d'Luedstatiounen vun Tesla, Fastned an EnBW, proprietär Protokoller benotzen, déi zwar eng vergläichbar Funktionalitéit wéi d'ISO-Norm 15118 hunn, awer net direkt dermat kompatibel sinn.

Aktuell ass um europäesche Plang net virgesinn, fir de „Plug & Charge“ obligatoresch anzeféieren. Hei läit, wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N°4958 erklärt, de Fokus momentan éischter do-robber, eng eenheetlech Léisung fir de sougenannten „Ad hoc Charging“ europawäit ëmzesetzen.

Am „Sustainable Transport Forum“ vun der Europäescher Kommissioun, an deem de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte vertrauden ass, gëtt et momentan een Aarbechtsgrupp iwwert d'Kommunikatiounsstandarde bei der Elektromobilitéit. An dësem Aarbechtsgrupp gëtt och d'Thematik zu de Schnëttstellen tëschent den Elektroautoen an der Luedinfrastruktur behandelt. Et gëtt hei awer nach keng final Conclusioun, ob een an Zukunft bei de Gefierer an och de Borne sollt op d'ISO-Norm 15118 oder ee vergläichbare Protokoll verpflichtend zeréckgräfen.

Sollt eng Léisung fir alleguerten déi nach bestoend technesch Problemer bei „Plug & Charge“ an Aus-siicht stoen, da wäert Lëtzebuerg sech natierlech am Interessi vun der Elektromobilitéit dofir asetzen, datt dëst obligatoresch gëtt.

**Question 5723** (09.02.2022) de **M. André Bauler (DP)** concernant les **problèmes avec les lignes de bus dans le nord du pays** :

Als Reaktioun op d'parlamentaresch Fro N° 5711 vum 8. Februar 2022 hu sech etlech Leit bei mir gemellt, fir mer ze soen, datt et aktuell och an aneren Deeler vum Éislek Problemer gëtt.

Sou wier et och lo fir d'Schüler net méi méiglech, fir vu Géisdref direkt op Kautebaach op d'Gare mam Bus ze fueren. Si kréie recommandéiert, déi mam Bus op Wooltz ze fueren oder op d'Giewelsmillen, wat awer méi Zäit kascht an ëmständlech ass.

Doriwwer eraus schéngen aner Linnen, wéi z. B. déi tëscht Baaschtnesch a Maamech, déi ganz dacks den Dag iwwer fueren, däitlech ënnerbelaascht ze sinn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

- Ass den Här Minister bereet, fir d'Buslinnen am Éislek sou séier wéi méiglech enger allgemenger Iwwerpräiwung ze ënnerzéien, fir se de Bedürfnis-sen vun de Leit, besonnesch awer vun deene Jonken, déi an d'Schoul fueren, unzepassen?

- Léisst de Ministère de Moment Zielungen duerchféieren, fir sech méi e geneet Bild iwwer d'Situatioun ze maachen?

- Ass den Här Minister gewëllt, fir de Schüler aus der Gemeng Géisdref entgéintzekommen, déi virun Dezember 2021 direkt op Kautebaach mam Bus konnte fuere fir op Clierf oder an d'Nordstad an de Lycée ze kommen, an den Horaire an hirem Interesse punktuell unzepassen?"

**Réponse** (28.03.2022) de **M. François Bausch, Mi-nistre de la Mobilité et des Travaux publics** :

Den honorablen Deputéierte freet ob d'Buslinnen am Éislek géifen iwwerpräift ginn, fir se de Bedürfnis-sen vun de Leit, a besonnesch deene Jonken, déi an d'Schoul fueren, unzepassen.

Meng Servicer sinn amgaangen zesumme mat de betroffene Gemengen eng adequat Léisung ze fannen, déi och mëttel- an laangfristeg Sënn mécht. An der Tëschenzäit hu mir scho verschidden Upas-sungemaach a schaffe weider drop hin, fir jidderengem schnellstméiglech entgéint ze kommen.

Wat Zielungen ugeet, sou mécht d'Verwaltung fir ëffentlechen Transport bei all Schoulrennée grouss Kontrollen, dëst bei all Campus oder Lycée. Während dem Schouljoer gi punktuell Zielunge gemaach, dës op Ufro vum MENJE, vun Elteren/Schüler oder nach vu Busbetriber, déi eis a Kenntnis setzen, datt et e Problem gëtt.

Folgend Offere bidden sech de Schüler aus der Gemeng Géisdref un:

- Linn RGTR 608 bis op Kautebaach an dann op den Zuch ëmklammen fir an de Clierfer Lycée,  
- Linn RGTR 610 bis op Giewelsmillen an dann op den Zuch ëmklammen bis an d'Nordstad.

Aner oder eventuell direkt Verbindunge missten nach iwwerpräift ginn, och wat d'Zuele vun de potenziellen Notzer ugeet.

**Question 5724** (09.02.2022) de **Mme Martine Hansen (CSV)** concernant le **parking du Lycée technique agricole à Gilsdorf** :

Zum Zäitpunkt vun der Planung vum Lycée technique agricole zu Gilsdref gouf vill iwwert

d'Méiglechkeet vu Parkplazen diskutéiert. Als Kompromëss gouf um Enn deen aktuelle Parking zrëck-behal, mat 100 Plaze fir d'Enseignanten, dat tech-nescht an dat administratiivt Personal, d'Visiteuren an d'Fournisseure vun der Schoul.

Ëmsou méi misst dowéinst d'Ubannung vun der Akerbauschoul un den ëffentlechen Transport nach eng Kéier op de Leescht geholl ginn. Grad well de Lycée technique agricole eng Schoul „à formation unique“ ass, misst deen eigentlech esou organi-séiert sinn, dass d'Schüler - ganz egal, a wéi engem Deel vum Land se wunnen - mat engem akzeptabe-len Zäitopwand kéinten an den Unterrecht kommen.

Dat ass laut mengen Informatiounen awer net de Fall, an awer wëll d'Regierung keen adequate Parkraum fir d'Schüler vun der Akerbauschoul res-pektiv fir d'Leit, déi un de Weiterbildungscoursen deelhuelen, virgesinn. Dat geet ganz kloer aus der Äntwert op d'Question parlementaire Nummer 5256 ervir.

An deem Kontext wëllt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Baute stellen:

1. Kënnen déi Häre Ministere mir eng Iwwersiicht zoukomme loosse mat der Verdeelung vun de Wunnuerter vun de Schüler vun der Akerbauschoul, iwwert dat ganzt Land gekuckt?

2. Hunn déi Häre Ministeren analyséiere gelooss, wéi eng Méiglechkeeten d'Schüler reell hunn, fir aus hirer Uertschaft mam ëffentlechen Transport an d'Schoul ze kommen?  
- Wa jo, kënnen déi Häre Ministere mir déi Etüd zoukomme loosse?  
- Wann net, firwat gouf de Schoulwee vun de Schüler net am Detail gekuckt?

3. Sinn déi Häre Ministere bereet, vun allen Opti-méierungsméiglechkeeten ze profitéieren?  
- Wa jo, wéi eng Optiméierungsméiglechkeete sinn identifiziéiert ginn?

4. D'Akerbauschoul bitt ë. a. am Kader vum Agrargesetz eng Partie Weiterbildungen un. Wéi eng Méiglechkeete wëllen déi Häre Ministeren de Leit ginn, déi un dëse Coursen deelhuelen, fir hiren Auto kënnen ze parken?

5. An hirer Äntwert op d'Question parlementaire Nummer 4848 hunn déi Häre Ministeren ë. a. Fol-gendes geäntwert: „Déi Lycéeën, déi eng spezial Formatioun ubidden, verfüge quasi alleguer iwwer een Internat. Dëst soll et de Schüler erlaben, direkt niewent hirer Schoul ze wunnen an d'Transport-weeër op ee Minimum ze reduzéieren.“ D'Regierung huet allerdéngs decidéiert, dat um Site Gilsdref geplangten Internat net ze bauen.

- Wann een elo déi aktuell Situatioun kuckt, halen déi Häre Ministeren et net awer fir sënnvoll, een Internat um Site ze hunn?

- Kënnen déi Häre Ministere mech an deem Kontext iwwert de Fortgang vun de Planungen informéieren, wat dat bestoend „Internat Jacques Brocquart“ zu Dikrech ugeet, dat laut der Äntwert op d'Question parlementaire Nummer 4848 an Zukunft virun allem de Schüler aus der Akerbauschoul soll zur Verfü-gung stoen?

**Réponse commune** (22.03.2022) de **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'En-fance et de la Jeunesse**, et de **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** :

ad 1. D'Schülerinnen an d'Schüler, déi am Schouljoer 2021/2022 an der Akerbauschoul ageschriwwen sinn, kommen aus folgender Gemengen (respektiv aus den Nopeschlänner):

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parle-mentaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - recher-cher n° de la question*).

ad 2. + 3. Virun all Schoulrennée gëtt opgrond vun den Aschreiwungen am Detail gekuckt, wéi eng Méiglechkeeten d'Schülerinnen an d'Schüler hunn, fir aus hirer Uertschaft mam ëffentlechen Transport an d'Schoul ze kommen. Dëst geschitt an enker Zesummenaarbecht tëscht de Servicer vum Minis-tère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE), deene vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten (MMTP) an den eenzelne Lycéeën. Jee nodeem wéi d'Situatioun sech presentéiert, ginn Upassung vum den Horaire vum ëffentlechen Transport realiséiert.

Esou ass och am Fall vun der Akerbauschoul (LTA) verfuert ginn. Dofir huet keng spezifesch Etüd misse gemaach ginn, mee wéinst der geografescher Proximitéit ass den Horaire vum LTA un dee vum Lycée classique vun Dikrech (LCD) ugepasst ginn. Op déi Manéier ka vun der besteeënder regionaler Transportoffer profitéiert ginn, ouni zousätzlechen Trafic fir d'Nordstad ze generéieren.

Donieft ass fir d'Schülerinnen an d'Schüler aus de Gemenge Miersch, Noumer an zum Deel Ärenzdall eng nei Linn op Gilsdref/Dikrech agefouert ginn (Linn 549), an am November 2021 ass d'Navett vum LTA op Miersch (Linn 548) verstärkt ginn. Vun

Norde ginn et mëttlerweil Direktbusser iwwert d'N7 (Linne 553 a 554) op Dikrech/Gilsdref.

Bei ronn 600 Schülerinnen a Schüler aus dem ganze Land wier et net méiglech gewiescht, e sepa-rate Reseau mat Direktbusser opzebauen.

ad 4. D'Parkingsituatioun vum LTA ass momentan effektiv net ganz einfach; dëst huet mat enger Rei vu Problemer ze dinn, déi awer am Laf vun der nächster Zäit wäerte kënnen geléist ginn. D'Barrières d'accès kënnen an Zukunft vum Lycée program-méiert ginn. D'Programmation erméiglecht et, den Zougang ze limitéiere fir d'Enseignanten, déi ee Badge hunn, oder fir Visiteuren, respektiv Leit, déi während de Schoulzäiten u Weiterbildungen an der Akerbauschoul deelhuelen, déi sech iwwert de Par-lophone kënnen umellen. Eng weider Méiglechkeet besteet doran, d'Barrière vum Parking esou ze pro-gramméieren, datt se zu bestëmmten Auerzäiten opstoe bleiwen, wéi zum Beispill owes während der Zäit, wou déi meescht Weiterbildungen an der Akerbauschoul ugebuede ginn.

Ausserdeem ass de Chantier nach net ganz ofge-schloss, wat bedeit, dat am Moment nach eng ganz Partie Gefierer vu Firmen um Site stinn. Och eng Rei Baucontainer stinn nach um Site; wann déi bis fort sinn an de Belag definitiv gemaach ass, kéinten eng weider 10 bis 20 Parkplazen agezeechent ginn.

ad 5. Zu Dikrech gëtt et d'Internat „Jos Schmit“, dat vun der Jacques Brocquart ASBL geréiert gëtt an dat zum Deel vu Schülerinnen a Schüler aus der École d'Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg (EHTL) genotzt gëtt. D'EHTL kritt awer en eegent Internat fir hir Schülerinnen a Schüler, domat gi bis zu 50 Plaze fräi an dësem Internat zu Dikrech, déi dee Moment vun de Schülerinnen a Schüler aus dem LTA kënnen besicht ginn. Des Weiteren hu mir nach d'Internat „Sainte Anne“ zu Ettelbréck mat 120 Plazen, wat och vun der Jacques Brocquart ASBL bedriwwen gëtt. Dat ass aktuell zu 70 % besat, sou-datt et eng zousätzlech Capacitéit fir Jonker aus der Akerbauschoul an der Regioun gëtt. An deenen zwou Strukture kënnen och haut scho Schülerinnen a Schüler aus dem LTA opgehall ginn.

Aus deene Grënn ass et am Moment net virgesinn, nach e weidert Internat um Site vum LTA ze bauen.

**Question 5789** (22.02.2022) de **M. Gusty Graas (DP)** concernant la **déclaration du séjour à l'étran-ger** :

Lors d'un séjour temporaire ou prolongé à l'étran-ger, des situations problématiques peuvent tou-jours se produire. Des exemples actuels sont la propagation de la pandémie du Covid-19 en 2020, et plus récemment le conflit russo-ukrainien. Au début de la pandémie ainsi qu'au mi-février 2022 quand les tensions entre la Russie et l'Ukraine ont pris une tournure plus sérieuse, le Ministère des Af-faires étrangères et européennes a émis des com-munications invitant les Luxembourgeois à retour-nen sur le territoire du Grand-Duché et à quitter les zones dangereuses.

Or, en cas de situation d'urgence ou de crise, tels les exemples susmentionnés, il peut s'avérer utile voire essentiel d'avoir fait au préalable une déclara-tion du séjour à l'étranger au Ministère des Affaires étrangères et européennes. Outre des contacts des missions diplomatiques et consulaires sur les lieux, cette déclaration non obligatoire et gratuite fournit également aux voyageurs des informations et conseils pratiques pour leur destination.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étran-gères et européennes :

1) À titre général, combien de ressortissants luxem-bourgeois ont opté pour la possibilité de déclarer leurs voyages et déplacements au Ministère des Af-faires étrangères et européennes les cinq dernières années ?

2) Pour combien des séjours déclarés un recours à ces informations a-t-il dû être fait et quelles en étaient les raisons les plus courantes ?

3) Est-ce que des résidents non éligibles ont es-sayé de faire enregistrer leurs voyages au ministère luxembourgeois également ? Combien de ces cas ont été notifiés ?

4) Les données enregistrées étant effacées du sys-tème après deux semaines, existe-t-il un contrôle pour confirmer le retour indemne des voyageurs ? Dans la négative, Monsieur le Ministre considère-t-il qu'un tel contrôle est nécessaire pour le futur ?

**Réponse** (23.03.2022) de **M. Jean Asselborn, Mi-nistre des Affaires étrangères et européennes** :

ad 1) Depuis la création de la plateforme « Lëtze-buerger am Ausland (LamA) » en mai 2018, 6.057 personnes (citoyens et résidents luxembourgeois) s'y sont inscrites pour y déclarer leur séjour à l'étran-ger. En y incluant les personnes accompagnantes, le nombre s'élève à 12.529 (données du 2 mars 2022).

ad 2) Chaque fois qu'un événement extraordinaire a lieu comme par exemple un désastre naturel, une attaque terroriste ou qu'une instabilité politique se fait ressentir, le Ministère des Affaires étrangères et européennes vérifie la présence des résidents et citoyens luxembourgeois ayant inscrit leur séjour dans un autre pays. De même, chaque fois que l'as-sistance consulaire est sollicitée dans des cas spé-cifiques, il est procédé à la vérification des don-nées contenues dans la plateforme LamA pour les citoyens nécessitant l'aide consulaire.

ad 3) Tous les résidents enregistrés au Luxembourg sont éligibles et libres dans leur choix de déclarer leur voyage ou non auprès du Ministère des Af-faires étrangères et européennes.

ad 4) Il n'existe pas de mécanisme de contrôle pour confirmer le retour indemne d'un voyageur, à moins que celui-ci ne le signale de sa propre initiative. Dans les cas où une assistance consulaire est re-quire, le ministère est bien évidemment au courant du dénouement.

**Question 5800** (23.02.2022) de **Mme Chantal Gary (déi gréng)** concernant les **centres d'accueil pour victimes de violence domestique** :

Les centres d'accueil pour victimes de violence domestique tels que le Fraenhaus (Centre d'accueil pour femmes en détresse) sont confrontés à une très forte demande.

Dans ce contexte j'aimerais savoir de la part de Madame la Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes :

1) Quelle est actuellement la capacité d'accueil au sein des centres d'accueil pour victimes de violence domestique ? Comment cette capacité a-t-elle évolué au cours des cinq dernières années ?

2) L'offre de places est-elle suffisante par rapport à la demande existante ? Dans la négative, quels sont actuellement les besoins en termes de capa-cité ?

3) Quelles sont les conditions d'admission pour ces centres d'accueil ? Les conditions sont-elles les mêmes dans chaque centre d'accueil ?

**Réponse** (23.03.2022) de **Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes** :

Consciente du fait que la violence domestique reste une réalité quotidienne au Luxembourg, je suis persuadée que nous devons toutes et tous prendre nos responsabilités pour briser le tabou qui entoure le sujet, pour agir à son encontre et pour in-citer un engagement sociétal visant l'élimination de toute forme de violence à l'égard des femmes, des hommes, des filles et des garçons. La lutte contre la violence domestique doit devenir une routine quotidienne de nous toutes et tous.

Porté par mon engagement que personne ne devra souffrir de violences domestiques, le Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes (MEGA) intervient avec une approche multidimensionnelle. À côté de la prise en charge de victimes et auteurs de violences et de la sensibilisation du grand pu-blic, la mise à disposition de logements est un pi-lier essentiel de notre réponse.

Le Luxembourg dispose à cette fin d'un réseau de partenaires qui gèrent des structures d'accueil assu-rant l'hébergement et la prise en charge psycho-sociale de femmes ayant subi des violences domes-tiques. Actuellement, il existe sept centres d'accueil classiques pour femmes en détresse gérés par des gestionnaires du MEGA - le « Fraenhaus » et la « Ma-cou » de Femmes en détresse ASBL, le « Foyer Sud » du Conseil national des femmes luxembourgeoises, le « Foyer pour femmes en détresse » de la Fonda-tion Pro Familia ainsi que le « Eeschweiler Haus », le « Foyer Paula » et le « Foyer Sichem » de la Fonda-tion Maison de la Porte Ouverte. Ces structures dis-posent d'un total de 166 lits. Le tableau ci-dessous renseigne sur l'évolution des capacités dans les centres d'accueil classiques gérés par nos gestion-naires :

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parle-mentaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - recher-cher n° de la question*).

En termes de capacités disponibles, il convient de soulever qu'en moyenne 48 femmes, en attente d'une place dans un centre d'accueil classique, figurent sur la liste d'attente commune gérée par les différents gestionnaires du MEGA. Je tiens toutefois à souligner que nos gestionnaires dis-posent d'un côté de chambres d'urgence et que mon ministère est, d'un autre côté, disposé à finan-cer des chambres d'hôtel afin de loger temporaire-ment des femmes ayant besoin d'une prise en charge urgente.

Outre à la prise en charge dans des centres d'ac-cueil classiques, les gestionnaires du MEGA gèrent des logements de deuxième phase qui peuvent ac-





cueillir des usagères plus autonomes suite à leur départ d'un centre d'accueil. Ces structures permettent à la fois de désengorger les centres d'accueil et de préparer les femmes logées à une vie autonome. En raison de la pénurie de logements sociaux disponibles et malgré les efforts constants de nos gestionnaires d'élargir leur contingent de logements sociaux, les séjours dans nos structures deviennent plus longs, une évolution qui a aussi un impact sur la rotation dans nos structures. Consciente de cette situation, je soutiens les gestionnaires dans leur volonté de mettre à disposition de nouveaux logements, surtout des logements de deuxième phase, en coopération avec des propriétaires privés, des communes et des acteurs du secteur public.

Les conditions d'admission dans ces structures sont régies par le règlement grand-ducal modifié du 19 mars 1999 concernant l'agrément gouvernemental à accorder aux gestionnaires de « services œuvrant dans l'intérêt de l'égalité des hommes et des femmes » et sont par conséquent applicables dans tous les centres d'accueil classiques. Les modalités de la prise en charge de femmes victimes de violence domestique, dont les conditions d'admission, les prestations à fournir et les responsabilités du gestionnaire sont en outre détaillées dans des conventions annuelles telles que prévues par le règlement grand-ducal susmentionné.

**Question 5803** (23.02.2022) de **Mme Cécile Hemmen** (LSAP) concernant le **prix de l'électricité** :

Les tempêtes violentes successives qui se sont essentiellement abattues sur le nord-ouest de l'Europe ces derniers jours ont eu des répercussions sur le marché électrique européen. En effet, sur le marché du jour d'avant EPEX SPOT, les tempêtes ont engendré une baisse temporaire du prix de l'électricité (exprimé en euros/mégawatt-heure) dans les pays qui misent sur l'énergie éolienne.

Ainsi, un mégawatt-heure d'électricité produit en Allemagne s'est échangé par moments autour de 35 euros sur le marché du jour d'avant alors qu'il frôlait aisément les 100 euros ces dernières semaines.

1) Étant donné que les importations d'énergie électrique du Grand-Duché proviennent majoritairement de l'Allemagne, j'aimerais savoir de Monsieur le Ministre de l'Énergie si la baisse récente du prix de l'électricité allemande est susceptible d'orienter vers la baisse le prix de l'électricité payé par les consommateurs finaux luxembourgeois ?

2) De manière plus générale, Monsieur le Ministre est-il d'avis que le développement des énergies renouvelables en Allemagne - moins coûteuses que les énergies fossiles - puisse concourir à une baisse des prix de l'électricité au Luxembourg sur le long terme ?

**Réponse** (28.03.2022) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

ad 1) Le Luxembourg fait partie d'une zone de prix commune avec l'Allemagne. Des variations de prix ressenties sur les marchés de gros en Allemagne s'appliquent ainsi de la même manière pour les acteurs luxembourgeois. La baisse temporaire de prix, causée par une production particulièrement élevée d'installations de production éoliennes, à laquelle se réfère l'honorable Députée est un effet qui s'est senti uniquement sur les marchés journaliers et infra-journaliers.

Les fournisseurs d'électricité couvrent néanmoins en général la vaste majorité de leurs besoins sur les marchés à terme, donc plusieurs mois, voire années à l'avance, afin de limiter leur exposition à des fluctuations à court terme des prix. Une surproduction temporaire ponctuelle d'énergie éolienne, prévisible uniquement quelques jours à l'avance, n'est naturellement pas reflétée dans la formation de prix sur ces marchés à long terme. Une variation de prix sur les marchés à court terme n'impacte donc que marginalement les coûts d'achat des fournisseurs pour leurs clients résidentiels et petits clients professionnels, et n'a donc pas d'effet significatif sur le prix à payer par ces derniers. Cette stratégie d'achat à long terme explique néanmoins que les clients résidentiels ne ressentent que de manière limitée l'impact de la hausse des prix temporaire sur les marchés de gros. Les clients professionnels consommant de grandes quantités ont en général des contrats négociés qui peuvent en partie dépendre des prix sur les marchés journaliers et infra-journaliers. Dans ce cas, les impacts à court terme sur les prix se ressentiraient.

ad 2) Le développement des installations produisant de l'électricité sur base d'énergies renouvelables à moindre coûts marginaux est effectivement susceptible d'avoir un effet réducteur sur les prix de l'électricité.

Pour le Luxembourg, vu la zone de prix commune avec l'Allemagne, l'évolution du parc de production allemand, tout comme celle du parc luxembourgeois, a un effet particulièrement prononcé sur la

formation des prix. Étant donné que les marchés sont couplés au niveau européen, cet effet se ressentira également en fonction de l'évolution des énergies renouvelables en Europe.

L'effet long terme du déploiement des énergies renouvelables sur les prix est néanmoins difficile à quantifier, vu la complexité des interactions dans le système énergétique européen. Ces formes d'énergie permettent une plus forte indépendance d'importations de sources énergétiques telles que le pétrole, le gaz naturel et l'uranium, contribuant ainsi à éviter des chocs de prix tels que nous les connaissons actuellement, mais comme l'éolien et le solaire ont des coûts de production plus stables, le déploiement des énergies renouvelables devrait avoir un effet « pression vers le bas » des prix de l'électricité à moyen terme.

**Question 5806** (23.02.2022) de **MM. Jeff Engelen et Fernand Kartheiser** (ADR) concernant le **nombre de médecins** :

D'Zeitung vum „Lëtzeburger Vollek“ huet sech den 21. Dezember 2021 enger Statistik ugehall, déi eis virwëtzig gemaach huet. D'Thema war d'Zuel vun den Dokteren op dausend Awunner, déi si fir Lëtzebuerg mat 2,98 uginn, wat wäit ënnert dem Welt-Duerchschnitt vun 3,22 an ënnert dem EU-Duerchschnitt vu 5 läit. Aus eegene Recherchen hu mir dës ongeféier Donnéeën (je no Quell an Erfaassungsjoer variéieren d'Zuelen) graff confirméiert. Duerfir hunn ech dës Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Wéi interpretéiert d'Regierung dës Zuelen? Ka si déi confirméieren? Wat bedeiten esou Zuelen am Hibleck besonnesch och op déi demographesch Entwécklung vum Land?

2. Wat mécht d'Regierung, fir de Medezinstudium méi unzéiend ze maachen?

3. Wat mécht d'Regierung fir Lëtzebuerg, fir Doktere méi attraktiv ze maachen?

4. Wéi vill Dokteren hei am Land hunn d'Lëtzeburger Nationalitéit? Wéi vill Dokteren, déi hei am Land praktizéieren, kënnen Lëtzebuergesch gutt genuch schwätzen, fir e Patientegespréich an eiser Sprooch ze féieren? Wéi gött Lëtzebuergesch bei den Doktere promouvéiert?

5. A wéi enge Spezialitéiten ass de Manktum un Dokteren am gréissten?

**Réponse** (28.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Säit der Publikatioun vun der Étude Lair „État des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg“, déi de Gesondheetsministère an Optrag ginn hat, ass gewosst, datt d'Evolutioun vun der Démographie médicale, iwwer déi nächst 10 bis 15 Joer gekuckt, net favorabel ass.

ad 2. Engersäits besteet säit Kkuerzem d'Méiglechkeet souwuel de Bachelor an der Medizin souwéi verschidde medizinesch Spezialitéiten, wéi d'Neurologie, d'Oncologie médicale an d'Médecine générale, op der Uni.lu ze maachen. Anerersäits kënnen d'„Médecins en voie de spécialisation“, déi hir Spezialisatioun am Ausland maachen, eng Aide financière beim Gesondheetsministère ufroen.

ad 3. De Gesondheetsministère schafft op, fir den Doktere méi Méiglechkeeten ze gi wat d'Form vun der Zesummenaarbecht ugeet. An deem Kontext kënnen d'Generalisten, déi sech an engem Cabinet de groupe zesummen dinn, eng Prime d'installation vun 10.000 € ufroen.

ad 4. Vun den 3.249 Dokteren (Generalisten, Spezialisten an Zänndokteren), déi 2021 aktiv hire Beruff hei zu Lëtzebuerg ausgeübt hunn, haten der 1.410 d'Lëtzeburger Nationalitéit. Wat d'lëtzebuergesch Sprooch betrëfft, huet de Gesondheetsministère keng weider Informatiounen, wat d'Dokteren schwätzen. Ier se hir Autorisation d'exercer kréien, ginn se an en Entretien bei de Collège médical oder vétérinaire, wou d'Sproochkenntnisser festgallt ginn. Fir d'Autorisation d'exercer ze kréien, musse si Franséisch oder Däitsch kënnen. Des Weideren engagéiere si hir disziplinairesch, zivill- a stroferechtlech Haltbarkeet, wann et an der Ausübung vun hirem Beruff duerch e Mangel u Sproochkenntnisser zu engem Feeler kënn.

ad 5. D'Madamm Lair ass an hirer Etude och op d'altersbedéngt Departé vun den Doktere bis an d'Joer 2034 agaangen. Hei als Beispill déi dräi Spezialitéiten, bei deenen de Prozentsaz deemools am héchste war: Neurologie (89,19 %), ORL (87,18 %), Médecine interne + oncologie (87,06 %).

**Question 5817** (24.02.2022) de **M. Max Hahn** (DP) concernant la **subvention loyer** :

D'Zil vum Wunngeld (subvention loyer) ass et, virun allem Stéit mat niddregem Akommes beim Bezuele vun hirem Loyer ze ënnerstëtzen. Fakt ass awer,

dass laut Aussoe vum Här Wunnengsbauminister nëmme ronn 16 % vun den eligibele Stéit dës Hëllef och ufroen.

An deem Kader wollt ech dem Här Wunnengsbauminister folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Haiser a wéi vill Appartementer sinn aktuell zu Lëtzebuerg verlount? Wéi hunn dës Chifferen iwwer déi lescht fënnef evoluéiert?

2. Zënter der Aféierung vum Wunngeld, wéi vill Stéit hu pro Joer zu Lëtzebuerg eng Wunneng gelount? Wéi vill dovou ware pro Joer eligibel, fir d'Wunngeld unzefroen, a wéi vill dovunner hunn et effektiv ugefrot?

3. Wéi vill Demandë si refuséiert ginn? Wat waren déi heefegst Grënn fir e Refus?

4. Wat sinn dem Här Minister no d'Grënn, firwat sou weéneeg Leit d'Wunngeld ufroen?

**Réponse** (01.04.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre du Logement* :

ad 1. Laut Schätzung vum Eurostat opgrond vun der Enquête EU-SILC (2020) gehéieren ongeféier 24,5 % vun den Awunner engem Stot un, dee seng Wunneng op dem private Marché lount. Heibäi sinn allerdéngs déi Stéit net matabegraff, déi hir Wunneng zu engem Präis lounen, deen ënnert dem Präis vum Marché ass (Locataire vu soziale Wunnengen, Stéit, déi duerch Famill oder Frënn ënnerbruecht sinn, oder Stéit, déi duerch hiren Employeur ënnerbruecht sinn etc.). 2020 waren also ongeféier 60.000 Haushalter Locatairen um private Marché.

Den Taux vun de Leit, déi zu engem Stot gehéieren, dee seng Wunneng um private Marché lount, louch 2010 bei 27,6 %. Bis 2015 ass dës Taux bis op 21,7 % gefall, fir dono erëm op 24,5 % ze klammen. Dës Variatioun an de Resultater vun den Enquête kann zum Deel och op d'Spezifisitéite vun der Enquête zrëckzeféiere sinn.

ad 2. Bei der Aféierung vun der Mietsubventioun am Joer 2016 gouf, opgrond der Etüd PSELL-3/EU-SILC de 2013 (LISER, Statec), geschätzt, dat 18.600 Stéit eligibel wiere fir dës Hëllef.

Den 1. Januar 2018 goufen awer d'Parametere vun der Hëllef ugepasst an d'Zuel vun de potenzielle Beneficiairë gouf ausgedeeent op ronn 33.000 Stéit. Doduerch ass den Undeel vun de Locatairen, déi potenziell eligibel si fir d'Mietsubventioun, vu ronn 35 % op ronn 65 % geklommen.

Duerch d'Upassung, déi am Abrëll 2020 a Kraaft getrueden ass, sinn nach eng Kéier ronn 3.400 Stéit zousätzlech eligibel ginn.

No dëser Reform vun 2020 wieren ongeféier 63 % vun de Stéit, déi eligibel sinn, am éischte Quintil vum Liewensstandard, 34 % am zweete Quintil.

D'Zuel vun den effektive Beneficiairë huet folgendermoossen evoluéiert:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

Mëttlerweil hëlt also ronn 1 vu 5 potenzielle Beneficiairen d'Mietsubventioun och tatsächlech an Usproch.

ad 3. (*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*.)

ad 4. Den Observatoire de l'habitat krut vum Ministère den Optrag, eng Studie ze maachen fir ze analyséieren, awéiwäit op d'Subventioun vum Loyer zeréckgegraff gött, andeems e sech op Fuerschungsaarbechte vum LISER an der Uni Lëtzebuerg baséiert. Dës Studie steet um Aarbechtsprogramm vun 2022 vum Observatoire de l'habitat.

Et sief dobäi awer schonn dorobber higewisen, datt de Phénomène vun „non-recours“ op Hëllef, déi de Leit eigentlech zoustinn, net spezifesch ass fir d'Mietsubventioun oder fir Lëtzebuerg. Esouguer bei der vill méi héijer Sozialhëllef vum Revenu d'intégration sociale an der Belsch ginn d'Schätzungen dovunner aus, datt bis zu 60 % vun de Leit dës Hëllef net ufroen, obwuel se Urecht dorobber hätten.<sup>1</sup>

**Question 5818** (24.02.2022) de **M. Max Hahn** (DP) concernant les **terrains constructibles disponibles** :

Laut den Analyse vum Observatoire de l'habitat an dem Observatoire du développement spatial gött et

5.018 Hektar onbebauten Terrain innerhalb vum Bauperimeter. Dovunner leien 3.750 Hektar an enger Zone d'habitation oder enger Zone mixte.

An deem Kader muss ënnerscheet ginn tëscht Terrainen, déi direkt bebaut kënnen ginn, an Terrainen, fir déi nach e PAP gestëmmt muss ginn - wëssend, dass dat, laut Acteure vum Terrain, an der Reegel am Duerchschnitt siwe bis aacht Joren dauere kann.

An deem Kader wollt ech dem Här Wunnengsbauminister an der Madamm Inneministesche folgend Froe stellen:

1. Fir wéi vill vun dësen 3.750 Hektar muss, ieren se bebaut kënnen ginn, e PAP gestëmmt ginn („nouveau quartier“)?

2. Wéi vill vun dësen 3.750 Hektar sinn aktuell an enger PAP-Prozedur? Fir wéi vill ass de PAP scho gestëmmt?

3. Fir wéi vill vun dësen 3.750 Hektar brauch kee PAP gestëmmt ze ginn („quartier existant“) a kéinten deemno no enger einfacher Baugeneemegung direkt bebaut ginn?

4. Wat ass déi duerchschnittlech Dauer vum Moment vun der Demande vun engem PAP bis dass e gestëmmt ass?

**Réponse commune** (24.03.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre du Logement*, et de **Mme Taina Boffending**, *Ministre de l'Intérieur* :

ad 1. Vun den 3.732 Hektar Bauland, déi an de Wunnzonen an an de gemëschten Zonen zur Verfügung stinn, leien 2.816 Hektar an „nouveau quartier“-Zonen, fir déi e PAP muss gestëmmt ginn. Vun deenen 2.816 Hektar leien der 864 gläichzäiteg an enger Zone d'aménagement différé. Et leien also 1.952 Hektar an „nouveau quartier“-Zonen, fir déi e PAP ouni zousätzlech Ëmklasséierung um Niveau vum PAG kéint an d'Prozedur goen.

Heibäi handelt et sech ëm dat Bauland, dat an deenen 89 Gemenge läit, déi am Kader vun der Raum\*-Etüd analyséiert gi sinn. Zwielf Gemenge feelen nach, well se zum Zäitpunkt vun der Erhiewung nach keen neie PAG haten.

ad 2. Vun den 3.750 Hektar ass bei 526 Hektar e PAP akzeptéiert ginn. 397 Hektar dovunner leien an enger „nouveau quartier“-Zon, während déi aner 129 Hektar ausserhalb dovou leien.

De Staat huet keng Zuelen iwwert d'Unzuel vun Terrainen, déi momentan an der PAP-Prozedur sinn, respektiv vu PAPen, déi an der Ausaarbechtung sinn.

ad 3. 890 Hektar vun den 3.732 Hektar Bauland an de Wunnzonen a gemëschten Zone leien an engem „quartier existant“, wou deemno no enger einfacher Baugeneemegung direkt ka bebaut ginn, soubal de PAG an och d'PAP „quartier existant“ a Kraaft sinn.

ad 4. D'ofgeännert Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain gesäit eng theoreetesche Dauer vun 8,5 Méint fir eng PAP-Prozedur vir. De Staat huet awer keng statistesch Donnéeën iwwert déi duerchschnittlech Dauer vun enger PAP-Prozedur.

**Question 5820** (25.02.2022) de **Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) concernant la **pénurie dans le secteur socio-éducatif** :

D'Penurie am sozio-educative Beräich ass bekannt. Der Uni.lu kënn an deem Kontext eng zentral Roll zou. Mat adaptéierten a grouss ugeluechte Formationen soll si den Acteur an der Ausbildung an deem Beräich sinn. An enger Interpellatioun am Juli 2021 hat den Här Minister an deem Kontext vun Diskussiounen a Projete mat der Uni.lu bericht, fir de Panel u Formationen ze erweiden - dat esouwuel fir de Bachelor wéi och fir de Master.

An deem Zesummenhang wëll ech dem Här Minister fir Héichschoul dës Froe stellen:

- Sinn dës Diskussiounen mat der Uni.lu ofgeschloss an ass fir d'Rentrée 2022/2023 mat neie Formationen am sozio-educative Beräich op der Uni.lu ze rechnen? Wa jo, wéi eng sollen dat sinn?

- An engem rezenten Artikel am „Tageblatt“, weist sech déi Responsabel vum „Praxisbüro“ vun der Uni.lu enttäuscht, dass eng Collaboratioun mat der Chambre des Salariés, wat eng beruffsbegleedend Bachelorausbildung ugeet, gestoppt gouf. Wéi steet den Här Minister zu dëser Decisioun? Gouf gekuckt, fir déi Interesséiert vun dëser Ausbildung, eleng 2021 eng 150 Persounen, an eng aner Formatiouns-méiglechkeet am edukative Beräich ze integréieren? Huet den Här Minister en Iwwerbléck wéi vill Persounen sech an de leschte Jore fir eng beruffsbegleedend Ausbildung fir Enseignant ze ginn entschiet hunn?

- Huet den Här Minister Informatiounen op d'Integréiere vum BSSE-FCE an de BSSE-Studiegang e Succès war? Wéi vill aktiv Berufflecher fanne sech aktuell an där Formatioun erëm?

<sup>1</sup> Les dossiers de la DREES n° 94 • mars 2022, Quantifier le non-recours aux minima sociaux en Europe, Un phénomène d'ampleur qui peine à susciter le débat, par Céline Marc, Mickaël Portela (DREES), Cyrine Hannafi, Rémi Le Gall (ERUDITE, université Paris-Est Créteil; DREES), Antoine Rode (ODENORE/PACTE, université Grenoble Alpes) et Stéphanie Laguërodie (CES, université Paris 1 Panthéon-Sorbonne) <https://drees.solidarites-sante.gouv.fr/publications-communique-de-presse/les-dossiers-de-ladrees/quantifier-le-non-recours-aux-minima>





- 2016 war e berufsbegleedende Bachelor an den Erziéungswëssenschafte lancéiert ginn, deen de bis dato Verantwortleche fir de Reliounsunterricht et sollt erméigleche weider Schoul kënnen ze halen. Wéi vill Prozent vun hinnen hu vun där Méiglechkeet profitéiert?

- Wéi wëll den Här Minister eng weider Penurie zur Rentrée 2022/2023 verhënneren?

- Huet den Här Minister en Iwwerbléck doriwwer, wéi vill national Studenten aktuell zu Lëtzebuerg awer och am Ausland op wéi engem sozio-educative Parcours ënnerwee sinn?

**Réponse** (24.03.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche* :

Als Äntwert op d'parlamentaresch Fro vun der honorabler Deputéierter Simone Asselborn-Bintz sief fir d'éischt preziséiert, dass de Bachelor en Sciences sociales et éducatives (BSSE), wéi en zanter enger ganzer Rei vu Jore vun der Universitéit Lëtzebuerg proposéiert gëtt, als Objektiv huet, Generalisten am Beräich vun der sozialer Aarbecht auszebilden. Dës Studien erlaben et den Absolventen als Educateur gradué ze schaffen a ginn och Accés zum reglementéierte Beruff vum Assistant social. Doriwwer eraus bidden si Perspektive fir weiderféierend Studien um Masterniveau, sief et zu Lëtzebuerg oder am Ausland. De Contenu vun dësem Studieprogramm gouf 2021 iwwerschaaft a moderniséiert.

De berufsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erziéungswëssenschafte gouf no enger Lafzäit vun dräi Studiejoeren ënnert dësem Format evaluéiert, an et gouf vun der Universitéit Lëtzebuerg dunn zréckbehalen, dëse Format an de reguläre Bachelorprogramm ze integréieren an domat alle Studenten en uniformiséierten, iwwerschaafte Contenu unzebidden.

Hei ass et wichtig, ze betounen, dass d'Studenten, déi an deem Beräich berufflech aktiv sinn, d'Méiglechkeet behalen, hir berufflech Erfahrung unerkennen ze loossen, an dat elo esouguer bis zu 90 ECTS, wat et hinnen nach ëmmer erméiglecht, de Programm am Prinzip an zwee Studiejoer ze suivéieren.

Laut den Informatiounen vun der Universitéit Lëtzebuerg sinn zwëschen 2017 an 2019 souwuel d'Nofro no dem separaten, berufsbegleedende Format erofgaangen (vun 80 op 45 Kandidaten), wéi och d'Unzuel u Studenten, déi an dësem Studiegang ugeholl goufen (vu 25 op 18). 2021/2022 louchen 20 Kandidature fir de berufsbegleedende Format vir, wouvunner elo 10 Studenten dës Formatioun am Kader vum reguläre Bachelorprogramm suivéieren.

Et sief nach signaléiert, dass de berufsbegleedende Programm en éischter limitéierten Impakt op de Secteur huet, vu dass déi Studente jo schonn an deem Beräich berufflech aktiv sinn. D'Zuel vun de Studenten, déi am reguläre Bachelorprogramm ageschriwwen sinn, ass par contre an de leschte Jore permanent an d'Luucht gaangen (vun 160 Studenten am akademesche Joer 2018/2019 op 219 am akademesche Joer 2021/2022), wat fir d'Situatioun um Aarbechtsmaart éischter positiv Auswierkunge kann hunn.

D'Universitéit Lëtzebuerg wäert och an Zukunft berufsbegleedend an deelzäit Studieformater ubidden, a virun allem sech drop konzentréieren, weiderhin eng allgemeng Steigerung vun de Studentenzuelen an dësem Beräich ze favoriséieren. Gläichzäiteg wäert si eng Offer um Masterniveau entwéckelen, besonnesch fir d'Studenten, déi scho berufflech aktiv sinn, fir esou der Evolutioun wat d'Ufuerderungen an Terme vu Qualifikatioun ubelaangt, Rechnung ze droen.

Wéi aus der Datebank vun de Studiebahihëlfen ervirgeet, waren, wat d'Residentstudenten ubelaangt, 2020/2021 967 Studenten am Ausland an 184 Studenten zu Lëtzebuerg an engem sozio-educative Parcours ënnerwee. Fir 2021/2022 sinn de Moment 992 Residentstudenten am Ausland an esou enger Formatioun ënnerwee, an 182 Residentstudenten zu Lëtzebuerg, woubäi ee muss bemerken, dass aus verständleche Grënn d'Donnéeë fir dat lafend akademescht Joer nach net komplett sinn. Et handelt sech heibäi méi prezisëm d'Beräicher „Sciences sociales et du comportement“, „Services sociaux“, „Soins aux enfants et services pour la jeunesse“ a „Travail social et orientation“.

## Le saviez-vous ?

### AMENDEMENT

Un amendement est une proposition qui émane soit du Gouvernement soit d'un député et qui vise à modifier un projet de loi ou une proposition de loi lors de son examen en commission ou en séance plénière.

Beim berufsbegleedende Bachelor an den Erziéungswëssenschaften, deen 2016 op der Universitéit Lëtzebuerg lancéiert ginn ass, goufen insgesamt 37 Leit diploméiert. Dovunner waren 2 Persounen mat engem Hannergrond vu Reliounsunterricht a 35 Persounen mat engem Hannergrond vu Chargé(e) de cours am Enseignement fondamental.

**Question 5822** (25.02.2022) de **M. Laurent Mosar** (CSV) concernant la **proposition de directive visant à rendre les monnaies et les services cryptographiques plus respectueux de l'environnement** :

Plusieurs informations indiquent que la Commission des affaires économiques et monétaires du Parlement européen pourra initier en date du 28 février une proposition de directive visant à rendre les monnaies et les services cryptographiques plus respectueux de l'environnement. Il s'agit notamment d'interdire tout service cryptographique dont le mécanisme de consensus n'est pas assuré de respecter des conditions écologiques ce qui conduirait en pratique à l'interdiction de beaucoup de crypto-monnaies.

Dans ce contexte je souhaite poser les questions suivantes à Madame le Ministre des Finances :

- Le Gouvernement est-il au courant du projet mentionné plus haut de la commission économique et monétaire du Parlement européen ?

- Dans l'affirmative, avez-vous plus d'informations sur le contenu de cette initiative ?

- Quel est le point de vue du Gouvernement luxembourgeois par rapport à initiative ?

- Le Gouvernement est-il d'avis qu'une telle législation européenne pourrait avoir des répercussions sur l'attractivité de la place financière luxembourgeoise ?

**Réponse** (24.03.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

L'honorable Député fait référence à une proposition d'amendement du Parlement européen au projet de règlement européen sur les marchés de crypto-actifs (Regulation on Markets in Crypto Assets, ou MiCA) qui visait à interdire les crypto-actifs utilisant certains protocoles de consensus, tels que le proof-of-work, pour valider les transactions. Ces mécanismes sont notamment utilisés dans le cadre du minage des crypto-actifs les plus connus mondialement.

La proposition d'amendement a été finalement rejetée par la Commission des affaires économiques et monétaires du Parlement européen lors de son vote provisoire sur le règlement MiCA le 14 mars 2022.

La position arrêtée par le Conseil en matière de crypto-actifs en vue des négociations interinstitutionnelles avec le Parlement européen n'inclut pas de dispositions similaires.

La question sur la répercussion de la proposition d'amendement rejetée sur l'attractivité de la place financière luxembourgeoise ne se pose dès lors plus.

**Question 5823** (25.02.2022) de **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*) concernant les **études d'art au Luxembourg** :

Dans une lettre ouverte datée du 28 décembre 2021 avec plusieurs douzaines de signataires, une initiative de jeunes artistes a revendiqué la création d'une école d'art luxembourgeoise capable de réunir toutes les formes et disciplines artistiques.

Dans son argumentaire, l'initiative cite la nécessité pour des étudiant-e-s résidant au Luxembourg de partir à l'étranger pour entreprendre différentes carrières artistiques, la possibilité d'une meilleure formation des artistes luxembourgeois ainsi que sa conviction qu'une école d'art luxembourgeoise permettrait d'attirer des artistes étrangers talentueux et d'accroître le rayonnement artistique et culturel du Grand-Duché.

Dans ce contexte, je me permets de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche :

1) Combien de résident-e-s luxembourgeois-es sont actuellement inscrit-e-s dans une formation artistique de l'enseignement supérieur à l'étranger ? Monsieur le Ministre peut-il ventiler le chiffre total par les différents types de formations et disciplines ?

2) La création d'une école d'art a-t-elle par le passé été envisagée au Luxembourg, où est-elle actuellement sous considération ?

**Réponse** (24.03.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche* :

En réponse à la question parlementaire de l'honorable Députée Djuna Bernard concernant les études d'art au Luxembourg, j'ai l'honneur d'apporter les précisions suivantes.

Il ressort de la base de données des aides financières de l'État pour études supérieures que pendant l'année académique 2020-2021, 987 étudiants résidents ont suivi une formation de l'enseignement supérieur à l'étranger dans le domaine des beaux-arts et de l'audiovisuel. Pour 2021-2022, on compte actuellement 979 étudiants dans ces domaines, étant entendu que, pour des raisons évidentes, les chiffres de l'année académique en cours ne sont pas encore définitifs.

Dans ce contexte, il n'est pas sans intérêt de noter qu'au Luxembourg, 89 étudiants étaient inscrits, en 2020-2021, dans un programme de formation menant au brevet de technicien supérieur (BTS) relevant du domaine des arts appliqués, et 87 étudiants suivent actuellement un tel programme. Il s'agit en l'occurrence des programmes menant aux BTS Dessin d'animation, Cinéma et audiovisuel, Réalisateur graphique et Game Art and Game Design, offerts par le Lycée des Arts et Métiers.

La création d'une école d'art au Luxembourg n'est pas prévue par le programme gouvernemental 2018-2023.

**Question 5825** (25.02.2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV) concernant la **production de fruits et légumes** :

Lëtzebuerg baut bis elo nëmmen ee Brochdeel vum Geméis an Uebst un, wat konsumméiert gëtt, obwuel den Einzelhandel a Grousskichen ëmmer méi regional produzéiert Uebst a Geméis froen an och ëmmer méi Leit bereet sinn, regional a saisonal anzekafen. Beim Uebst läit d'Eegeversuergung bei 1-2 %, beim Geméis tëschent 3-5 %. Deemno gëtt et hei am Land e massive Produktionsdefizit a mir si gezwongen, de Gros vun dëse Liewensmëttel ze importéieren.

An de vergaangene Joren huet Politik eng sëlleg Ureizer an Ënnerstützungsmoosname geschaf, fir d'Offer un Uebst a Geméis eropzeschrauwen. An awer bléiwe grouss Erausforderunge wéi zum Beispill de Waasserverbrauch an och um Niveau vun den Autorisatiounen. Sou scheie vill Baueren de Schratt an dës Filiëren duerch zum Beispill eng ganz restriktiv Haltung vum Ëmweltministère am Bezug op Geneemegunge fir Knëppelstengschutz-netzer, Iwwerdaachunge fir Kiischteplantagen, Folienhauser oder Gewächshaiser. Dës Infrastrukture sinn awer am Geméis- an Uebstbau unabdéngbar an am Ausland och selbstverständlech.

Wëssend, dass bei der Eegeversuergung nach ganz vill Sputt no uewen ass, géif ech gäre follgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

1. Wéi wëll den Här Minister d'Waasserproblematik am Beräich Geméis- an Uebstbau ugoen?

2. Wéi wëll den Här Minister d'Problematik vun den uewegenannte Geneemegungsprozeduren ugoen?

3. Wat sinn d'Zukunftsperspektive fir d'Uebst- a Geméisbaueren?

**Réponse commune** (01.04.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*, de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, et de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie* :

ad 1. Et ass evident, dass den Uebst- a Geméisbau sech nëmme kënnen weiderentwéckelen, wann do den Zougang zum Waasser laangfristeg ofgesécher ass.

Bedéngt duerch de Klimawandel engersäits an d'Entwécklung vun eiser Gesellschaft anersäits, wäert d'Ressource Waasser an der Zukunft, besonnesch während der Vegetationsperiod, éischter méi rar ginn, wougéint gläichzäiteg d'Demande no Waasser insgesamt an d'Luucht geet.

Dofir schaffen de Landwirtschaftsministère an den Ëmweltministère mat hire Verwaltungen zesummen aktiv drun, fir Léisungen ze fannen, déi fir de Gaardebau accessibel sinn, an déi d'Ressource Waasser schouwen. Pisten heifir sinn de Stockage vu Waasser zu Momenter, wou kee Mangel ass, d'Notzung vum gesammelte Reewaasser oder de Recycling vu genotzem Waasser.

Well de Geméis- an den Uebstbau net ouni Nätzen auskënn, gläichzäiteg awer och d'Verfügbarkeet vu Waasser grad an de Summerméint limitéiert ass, hunn d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an de Landwirtschaftsminister zesumme mam Secteur ee Waasserdësch gegrënnt. Hei goufen eng Rei Mesuren an d'Weeër geleet. Et gouf festgehalten, dass eng Etüd déi gesamt Problematik soll ugoen. No engem Appel d'offres opgrond vun engem Cahier de charges, dee vun den zwee Ministère, de jeeweilegen Verwaltungen an der Uebst- an Geméisbaufederatioun ausgeschafft gouf, goufen d'Universitéit Léck zesumme mat Agro Biotech vu Gembloux zréckbehalen, fir dës Aarbechten duerchezeféieren. Hei sollen all Aspekter a Betruecht gezunn ginn, vun deem ze erwaardende Méiverbrauch

duerch de Geméis- an Uebstausektor iwwer technesch Méiglechkeeten bis hin zur Disponibilitéit vun der Ressource an dem rechtlechen Kader. D'Käschte fir dës Etüd ginn zu 100 % vum Fonds pour la gestion de l'eau iwwerholl.

Doriwwer eraus gouf en Opruff lancéiert, fir innovativ Bewässerungskonzepter an der Form vun Pilotprojeten anzereechen. D'Auswiel vun de Projeten ass zurzäit nach um Lafen. Zil ass et, Verfahren ze identifizéieren, déi esouwuel ökonomesch wéi och ökologesch vertrieubar sinn a géeegeent sinn, fir méi breet kënnen am Secteur agesat ze ginn.

ad 2. Et ass kloer, dass am Gaardebau eng Rei vu Konstruktiounen mussen erlaabt sinn, fir verschidde Kulturen ze schützen. Hei gëtt op den Dialog an Austausch tëschent de Verwaltungen, an och mam Secteur, gesat, fir dat néidegt Verständnes fir technesch Noutwendegkeeten an awer och Froen vun Natur- an eventuell och Waasserschutz ënner een Hutt ze kréien.

Wat d'Waassergeneemegung ugeet, esou gëlle fir déi genannte Strukture virun allem Oplagen, wann se an Iwwerschwemmungsgebiddern leien. Des Weideren ënnerläit all Prelèvement, sief et aus Grondwaasser oder aus Baachen a Flëss, enger Autorisatioun op Basis vum Waassergesetz. Dës Autorisatioun fixéiert ënner anerem déi maximal erlaabt Quantitéit, déi därer erausgeholl ginn, an se ass och zäitlech limitéiert. Dëst ass néideg, fir eng Iwwernotzung vun eise Waasserkierper ze verhënneren an domadder esouwuel déi gutt Gewässerqualitéit wéi och d'Dränkwaasserversuergung ze garantéieren.

ad 3. De Gaardebau zu Lëtzebuerg wäert e Secteur mat villen Erausforderungen bleiwen. Mee et ass awer och richtig, dass am Beräich vun der Uebst- a Geméisproduktioun nach vill Entwécklungspotenzial stécht. Dofir sinn am „Plan stratégique national“ (PSN) substanzieel nei Mesurë virgesinn, fir dëse Secteur weiderzebréngen.

Eng Zukunftsperspektiv kéint den Urban Farming ubidden. Esou innovativ Léisungen, déi op d'Kreislafwirtschaft an d'Digitaliséierung opbauen, si vun nationaler Bedeitung fir de Wirtschaftsministère. Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5791 ugedeit, fält esou eng Form vu Primärerzeugnis tëschent d'Agrarwirtschaft an déi traditionell Wirtschaft. Dowéinst gouf 2021 een interministerielle Grupp „urban farming“ gegrënnt, ënnert der Begleitung vu Luxinnovation. Dëse Grupp beschäftegt sech mat verschidde Pilotprojeten a versicht, déi bestoend Limitatiounen ze identifizéieren an och méiglech Léisungen virzeschloen. Dës néi Technologie sollen zesumme mat den nationalen Acteuren zu Lëtzebuerg implementéiert ginn.

**Question 5826** (25.02.2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*) concernant l'**engagement de la place financière en matière de droits humains** :

Plus de dix ans après l'adoption des Principes directeurs des Nations Unies relatifs aux entreprises et aux droits de l'homme, l'Action solidarité tiers monde (ASTM) a publié une étude intitulée « La place financière du Luxembourg et ses directives en matière de droits humains ». Scrutant les documents publiquement accessibles de 22 acteurs institutionnels de la place financière, les auteurs du rapport concluent que leur engagement en matière de protection des droits humains est insuffisant. Seuls 3 des 22 acteurs mentionneraient la protection des droits humains dans leurs statuts, rapports annuels ou actes de gouvernance en insistant néanmoins sur la nature volontaire des engagements et sans recommandation particulière. Les autres 19 acteurs institutionnels n'en feraient aucune mention.

Certaines pratiques commerciales citées dans l'étude susmentionnée ne semblent pas non plus être en cohérence avec la position du Haut-Commissariat des Nations Unies aux droits de l'homme (HCDH) qui a confirmé que les banques ont des responsabilités en ce qui concerne l'impact des entreprises dans lesquelles elles détiennent des actions au nom de leurs clients.

Rappelant l'attachement du Luxembourg aux respect des droits humains dans le monde et son élection récente comme membre du Conseil des droits de l'homme des Nations Unies, je voudrais poser les questions suivantes à Madame le Ministre des Finances :

1) Jugez-vous satisfaisant l'engagement des acteurs institutionnels de la place financière en matière de protection des droits humains ?

2) Quels efforts le Gouvernement a-t-il entrepris pour promouvoir les Principes directeurs auprès des acteurs institutionnels de la place financière ? Le Gouvernement entend-il intervenir auprès des différents acteurs pour promouvoir une meilleure prise en compte des questions relatives à la protection des droits humains ?





3) Dans le Plan d'action national pour la mise en œuvre des Principes directeurs des Nations Unies relatifs aux entreprises et aux droits de l'homme 2020-2022 est prévu de mettre en place des projets pilotes sur la diligence raisonnable dans les entreprises à participation majoritaire de l'État (p. 2) : est-ce que des projets pilotes ont été mis en place au niveau des acteurs financiers comme la BCEE ou les services financiers du groupe POST ? Dans la négative, est-ce que cela est toujours prévu ?

4) Jugez-vous souhaitable que les institutions étatiques ou semi-étatiques du secteur financier se dotent de moyens supplémentaires pour prendre en compte les questions liées au respect des droits humains ? Êtes-vous prête à soutenir de tels démarches ?

En réaction à l'étude susmentionnée, le CEO de Luxembourg for Finance est cité dans un article de Paperjam daté au 11 février 2022 avec les mots suivants : « Je ne veux pas exonérer le secteur financier de son devoir de vigilance envers les droits humains, mais il faut comprendre que le processus est lancé, avec un objectif fixé à 2050 pour l'ensemble des critères. Il faut du temps pour changer toutes les composantes d'une économie, d'autres instruments de contrôle suivront ». Rappelons dans ce contexte que Luxembourg for Finance a été créé en tant que partenariat public-privé avec des représentants du Gouvernement siégeant au conseil d'administration.

5) Pouvez-vous me dire à quels critères le CEO de Luxembourg for Finance fait référence en évoquant la date de 2050 ?

6) Partagez-vous l'opinion exprimée par le CEO de Luxembourg for Finance ? N'êtes-vous pas d'avis qu'il conviendrait d'accélérer le processus au niveau national étant donné l'importance de la thématique ?

**Réponse** (25.03.2022) de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** :

L'honorable Députée Nathalie Oberweis s'enquiert de l'engagement de la place financière en matière de droits humains.

Le Gouvernement entreprend des efforts pour promouvoir les Principes directeurs des Nations Unies auprès des acteurs institutionnels de la place financière à travers la Luxembourg Sustainable Finance Initiative (LSFI), initiative créée en 2020, en partenariat avec le secteur financier (représenté par Luxembourg for Finance) et la société civile (représentée par le Conseil supérieur pour un développement durable), afin de mettre en œuvre la Feuille de route sur la finance durable que le Gouvernement a élaborée en 2018 en collaboration avec le Programme des Nations Unies pour l'Environnement. La LSFI a publié une première version de sa « Luxembourg Sustainable Finance Strategy » en 2021, qui fait explicitement référence aux droits humains. La sensibilisation du secteur financier sur les questions de durabilité, tant sur le volet environnemental que social, y compris les questions liées aux droits humains, est d'ailleurs une des actions prioritaires de la LSFI.

Dans le même ordre d'idées, l'agence pour le développement de la place financière, Luxembourg for Finance (LFF), en collaboration avec l'Université de Genève et l'association « Finance & Human Rights » a publié en octobre 2020 un rapport sur la manière dont les aspects relatifs aux droits humains sont actuellement intégrés dans les activités des institutions financières. Le double objectif de ce rapport était de faire un état des lieux et de sensibiliser le secteur financier sur l'importance d'intégrer les questions ayant trait aux droits humains dans leurs processus et leurs stratégies de finance durable. Un deuxième rapport sur le secteur financier et les droits humains sera publié cette année afin de dresser un bilan et de continuer à sensibiliser le secteur sur cette problématique.

Il sert à rappeler que les défis liés au respect des droits humains font par ailleurs partie intégrante de la finance durable et des réglementations y afférentes. Plusieurs outils législatifs sont d'ores et déjà applicables au niveau national :

1) Le règlement « Taxonomie », établissant une liste d'activités économiques durables, exige des entreprises qu'elles mettent en œuvre des cadres relatifs aux affaires et aux droits humains pour être qualifiées d'écologiquement durables. Elle impose ainsi, l'alignement sur les Principes directeurs de l'OCDE à l'intention des entreprises multinationales (les Principes directeurs de l'OCDE) et les Principes directeurs des Nations unies relatifs aux entreprises et aux droits humains (les Principes directeurs des Nations unies). En outre, l'UE est en cours de développer une taxonomie dédiée aux questions sociales avec un focus sur les droits humains. En février, la plateforme européenne sur la finance durable a publié un premier rapport sur la taxonomie sociale.

2) Le règlement « Sustainable Finance Disclosure Regulation » (SFDR), en vigueur depuis mars 2021, est un outil de transparence qui permet de savoir dans quelle mesure les produits financiers pré-

sentent des caractéristiques environnementales et/ou sociales, investissent dans des activités durables ou ont des objectifs durables. Cette législation inclut explicitement le respect des droits humains parmi les facteurs de durabilité sur lesquels les institutions financières doivent rapporter.

Deux autres propositions de directives, actuellement encore en cours d'élaboration, vont également jouer un rôle clef à l'avenir :

1) La « Corporate Sustainability Reporting Directive », i. e. la directive sur le rapport de durabilité des entreprises (CSRD), révision de la directive européenne sur le reporting extra-financier (NFRD) : elle exigera que les entreprises divulguent les risques de durabilité qui les concernent, ainsi que l'impact de leurs activités sur l'environnement et la société. La CSRD exigera également l'alignement des rapports sur les principes directeurs de l'OCDE et les principes directeurs des Nations unies.

2) La « Corporate Sustainability Due Diligence Directive » obligera les entreprises à recenser et, s'il y a lieu, de prévenir, de faire cesser ou d'atténuer les incidences négatives de leurs activités sur les droits humains.

Les directives précitées, ayant un champ d'application large, permettront, entre autres, aux entreprises du secteur financier d'accéder plus facilement aux informations sur la durabilité et l'impact sociétal et environnemental de leurs investissements, y compris en matière des droits humains, et les guider dans leurs stratégies d'investissement.

Il sert à rappeler que le Luxembourg soutient les efforts européens visant à améliorer le cadre réglementaire de manière continue. Il est évident que pour ce faire, la mitigation des risques et défis liés aux questions de durabilité et plus particulièrement ceux liés aux droits humains, ont besoin d'un cadre commun au niveau du marché unique. Une mosaïque de définitions et de règles nationales ne saurait remplacer une approche communautaire cohérente.

En ce qui concerne les propos évoqués du CEO de Luxembourg for Finance, auxquels fait référence l'honorable Députée, sur la date de 2050, ceux-ci avaient trait à la transition vers une économie à neutralité de carbone et non pas aux droits humains. Pour ces derniers, il avait indiqué que le règlement sur la transparence dit « SFDR » avait introduit des obligations de divulgations qui imposent d'ores et déjà un devoir de vigilance aux institutions financières en matière de respect des droits humains.

Le Gouvernement continuera à s'engager au niveau européen et de travailler avec les différentes parties prenantes de la place financière pour aider cette dernière à réaliser la transition vers une durabilité accrue, à sensibiliser le secteur aux différents sujets ayant traits à la durabilité, dont les droits humains, et à soutenir les initiatives qui contribuent à accélérer cette transition vers la finance durable.

**Question 5827** (25.02.2022) de **M. Marc Goergen (Piraten)** concernant **l'engagement de l'armée dans le cadre de la pandémie** :

Fir d'Covid-19-Pandemie kënnen ze geréieren, gouf hei zu Lëtzebuerg d'Armée erbäigegunn, wou si, ënner anerem, och d'Testzentren hei am Land lüstesch a personell ënnerstëtzt huet.

An deem Zesummenhang wëllt ech de Ministere fir Verdeedegung a fir Gesondheet dës Froe stellen:

1. Wéi héich waren d'Ausgabe fir d'Material, dat fir d'Armée am Kader vun der Missioun TAR (= Test antigénique rapide) ugeschaaft ginn ass?

2. Op wéi vill Euro belafen sech d'Gesamtkäschte vun der Missioun TAR?

3. Wéi vill Tester sinn, opgeschlëselt no Testzentrum, insgesamt an deene fënneg Testzentre gemaach ginn?

4. Wéi vill Tester goufen, opgeschlëselt no Testzentrum, beim militäresche Personal duerchgefouert?

5. Wéi vill Tester hätten, laut initiale Berechnungen, sollen an deene fënneg Zentre gemaach ginn?

6. Wéi vill Persounen vun der Armée waren, opgeléicht no Mount, pro Testzenter affektiert?

7. Wéi eng Kompanien a Servicer vun der Armée waren während der Missioun TAR an hirem Fonctionnement beanträchtegt oder komplett zou?

**Réponse commune** (23.03.2022) de **M. François Bausch, Ministre de la Défense**, et de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** :

D'Opstellen an d'Operéiere vun den Testzentren illustréiert déi villfälteg a permanent Asazfäegkeet, déi vun der Lëtzebuurger Armée erwaart gëtt.

D'Mandat dat d'Regierung der Armée ginn huet an déi enk Delaien hunn d'Armée virun eng grouss Erausforderung gestallt an no un hir Personal-Limite bruecht. Dofir gouf och en Opruff un aner

Verwaltunge gemaach, fir Fräiwëlleger zur Verfügung ze stellen.

Nieft der Tatsaach, dass den Dispositif évolutif geplangt gi war an d'Effektiver, en fonction vun de Clienten an den Testzentren, au fur et à mesure réduziert konnte ginn, wëll ech op d'Flexibilitéit an de Voluntarismus vun de Bedeelegten hiweisen:

- eng ganz Rei vu Leit hunn drop verzicht, an där Period Congé oder Recuperatiounen ze huelen;

- d'Leit hunn d'Méiglechkeete vum Horaire mobile voll ausgeschöpft, andeems se reegelméisseg bis zu zéng Stonne pro Dag geschafft hunn;

- vill Fräiwëlleger si während hirer Fräizäit oder hirem Weekend agesprongen.

Doduerch war et méiglech 7 Deeg op 7 ze fonctionéieren, an dat an der Woch engagéiert Personal ze entlaaschten an esou de reiwungslose Betrib vun den Testzentren ze garantéieren.

Dofir e grouss Merci un all déi Bedeelegt, zivill an an Uniform, vun der Armée an aus anere Verwaltungen.

ad 1. D'Ausgaben op Säite vun der Armée belafen sech op 79.325 Euro. D'Santé huet 68.000 Schnelltester zur Verfügung gestallt à 1,35 Euro d'Stéck.

ad 2. Am Kontext vun der Missioun TAR si ganz verschidenaarteg Käschten entstanen: Asetze vun engem informatéschen Umeldesystem, Iwwerwaache vun de Sitten, Formatioun vum Personal, Schutzmaterial (Masken, Kleedung, Händschen ...), Desinfektionsmaterial, Stroum asw. Dozou kommen och Personal- a Fonctionementskäschten.

Eng exhaustiv Käschtenopstellung, déi wäit iwwert d'Ressorte vum Verdeedegungsminister an der Santéministesch erausgeet, ass aktuell net verfügbar.

ad 3. Am Ganzen hate 26.869 Persounen ee Rendez-vous geholl, dovunner:

- 1.499 Persounen zu Jonglënster;  
- 3.381 Persounen zu Dikrech um Fridhaff;  
- 5.188 Persounen an der LuxExpo;  
- 5.621 Persounen um P&R um Houwald;  
- 11.180 Persounen um Parking Raemerich zu Esch/Belval.

Et ass net méiglech ze soen, wéi vill Tester effektiv gemaach gi sinn, well net déi ganzen Zäit gezielt gouf. E Sondage an der Mëtt vun der Missioun léisst awer drop schlëssen, dass ongeféier 75 % vun de Leit, déi ee Rendez-vous geholl haten, sech och presentéiert hunn an och tatsächlech getest goufen.

ad 4. D'Armée huet sengem Personal, dat an den Testzentren engagéiert war, proposéiert, Tester ze maachen. Déi Tester waren awer op fräiwëlleger Basis a goufen net gezielt.

ad 5. D'Testzentren haten eng initial deeglech Kapazitätéit vun:

- 10.080 Persounen vu méindes bis donneschdes;  
- 6.480 Persounen um Freideg a Sonndeg;  
- 2.880 Persounen um Samschdeg.

ad 6. Laut initialem Dispositif waren:

- vu méindes bis donneschdes 26 Persounen pro Dag pro Testzenter affektiert;

- freides a sonndes 20 Persounen pro Dag pro Testzenter affektiert;

- samschdes 14 Persounen pro Dag pro Testzenter affektiert.

Unhand vun den Aschreiwungszuele gouf de Fonctionnement vun den Testzentren de 5. Februar eng éischte Kéier adaptéiert:

- déi fënneg Zentren si samschdes a sonndes moies zoubliwwen;

- déi zwee Zentre vu Jonglënster an Houwald si samschdes nomëttes zoubliwwen;

- d'Kapazitätéit an den Zentre gouf vu méindes bis donneschdes hallwéiert.

Dëst huet mat sech bruecht, dass den Dispositif duerno konnt réduziert ginn:

- vu méindes bis freides ware 14 Persounen pro Dag pro Testzenter affektiert;

- samschdes a sonndes ware 7 Persounen pro Dag pro Testzenter affektiert;

- samschdes waren 0 Persounen pro Dag an den Testzentren vu Jonglënster an Houwald affektiert.

Unhand vun den Aschreiwungszuele gouf de Fonctionnement vun den Testzentren de 15. Februar eng zweete Kéier adaptéiert:

- d'Testzentre Jonglënster an Houwald goufe komplett zougemaach;

- d'Zuel vu Persounen, déi op de verbliewenen Testzentren affektiert waren, gouf op zéng réduziert.

Déi Responsabel vun den Testzentren haten doriwwer eraus d'Fräiheet, hiren Dispositif deeglech en fonction vun den Dagesaschreiwungen adaptéieren

ren ze kënnen an esou d'Unzuel vum néidege Personal kënnen ze reduzéieren.

ad 7. All Kompanien a Servicer waren un der Missioun TAR bedeelegt. Dës breet Opstellung huet et erlaabt, de Fonctionnement vun den operationellen Unitéiten esou wéineg ewéi méiglech ze beanträchtegen. Esou konnt d'Preparatioun an den Training vun den EUTM Mali, MINUSMA an eFP-Detachementen normal weiterlafen.

Um Niveau vum État-major kounn et och zu eenzele Retarden, well ëmmer nees verschidde Leit gefeelt hunn, well se op den TARen engagéiert waren.

D'Militärmusek konnt während der Missioun net am Orchester prouwen, keng Concerte spillen. Esou huet ënner anerem och hir Participatioun op der Weltausstellung zu Dubai missen annulléiert ginn.

D'Éiereward beim Palais war vun Enn Dezember 2021 bis den 28. Februar 2022 net opgezunn.

Des Weidere kounn et zu Retarden an der Preparatioun vun der Kontributioun fir d'VJTF 23.

**Question 5829** (28.02.2022) de **M. Sven Clement (Piraten)** concernant les **délégations du personnel dans les conseils d'administration des entreprises comportant une participation de l'État** :

2019 hunn d'Ministère fir Finanzen an Aarbecht op meng parlamentaresch Fro (N° 0339) geäntwert, dass 17 vun den 22 privaterechtleche Gesellschaften, an deenen de Lëtzebuurger Staat 25 oder méi Prozent vum Kapital hält, an déi de Statut vun enger S.A. hunn, géint d'Gesetz verstoussen, well si keng Membere vum Personal an hire Verwaltungsréit sëtzen hunn. Deemoools gouf ugekënnegt, de concernéierte Firmen e Bréif ze schécken, fir si ze invitéieren, sech zäitno dem Gesetz unzepassen.

An der Äntwert vum 18.06.2021 op d'Fro N° 4273 hu béid Ministeren erkläert, dass et am Joer 2021 ëmmer nach 16 vun 21 Gesellschaften gëtt, an deenen d'Personal net am Verwaltungsrot representéiert ass, an dass „[d]Courrieren, déi op déi geltend Bestëmmunge vun den Artikelen L. 426-1 bis L. 426-4 vum Code du Travail opmierksam maachen, [...] am Gaang [sinn], finaliséiert ze ginn“.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir Aarbecht dës Froe stellen:

1. A wéi ville Firmen hält de Staat aktuell 25 oder méi Prozent vum Kapital? Bei wéi villen dovunner ass e Vertrieder vun der Personaldelegatioun am Verwaltungsrot? Bei wéi engen net?

2. Sinn dës Bréiwer méttlerweil finaliséiert a fortgeschéckt ginn?

**Réponse** (28.03.2022) de **M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire** :

ad 1. Aktuell hält de Staat bei 27 Betriber mindestens 25 % vum Kapital. Bei 13 vun deenen 27 Betriber ass e Vertrieder vun der Personaldelegatioun am Verwaltungsrot.

ad 2. D'Courriere sinn an der Tëschenzäit un déi concernéiert Betriber rausgeschéckt ginn.

**Question 5832** (01.03.2022) de **MM. Fred Keup et Jeff Engelen (ADR)** concernant les **locaux sanitaires publics sans obstacles** :

Behënnertegerecht Toilettë fënnt een op ville Plazen am Land. Fir Mënsche mat komplexen oder schwéiere Behënnungen (z. B. queeschschnittsgeläimt Mënschen oder Mënsche mat Multipler Sklerose), awer och fir vill eeler Mënschen, déi op Fleg ugewise sinn oder un Demenz leiden, ginn dës „Standard“-Toiletten awer net duer, well si op speziell Hëllef ugewise sinn. Wann dës Mënsche mat hirer Famill, hire Frënn oder hire Flegepersounen ënnerwee sinn, gëtt fir si d'Wiessele vun der Inkontinenzwendel zur Erausforderung. D'Famill, hir Flegepersoun oder hir Frënn mussen déi behënnert Persoun dann op de Buedem vun enger ëffentlecher Toilette leeën. Dat ass fir all Bedeelegt oft ganz belasschend, entwiergend an onhygienesch. De Buedem ass oft net propper, an a villen ëffentlechen Toiletten ass net genuch Plaz dofir.

An anere Länner, wéi beispillsweis an England, wou Toilettë mat Banquette a Persounelifter scho bal Standard sinn, stellt ee fest, datt duerch dës Toiletten déi schwéierbehënnert Mënsche vill méi aktiv um ëffentleche Liewen (z. B. Geschäfte, Kinoen, Verwaltungen, Sport, Muséeën) deel huelen.

An deem Kontext hu mir follgend Froen un d'Madamm Banneminister an un d'Madamm Familljeminister:

1. Gëtt et an der Regierung Iwwerleeungen, fir esou barriärfrei Toiletten, där et am Ablack just dräi am ganze Land gëtt, fir all Gemeng verpflichtend ze maachen, oder fir op d'mannst all déi Gemenge finanziell ze ënnerstëtzen, déi esou eng Toilette installéieren wëllen?





2. Ass d'Regierung net der Meenung, datt d'UN-Konventioun iwwert d'Rechter vu Mënsche mat Behënnerung, déi och vu Lëtzebuerg ënnerschiwwwe gouf an déi d'Länner dozou verflicht, alles ze ënnerhuelen, fir datt dës Mënschen - onofhängeg dovun, wéi schlëmm hir Behënnerung ass - gläichberechtegt um gesellschaftleche Liewe kënnen deelhuelen, den Zougank zu ugemooessene Sanitärinstallatiounen als Mëscherecht implizéiert? Wa jo, wat schwätzt dann dergéint, fir esou Toilettë flächendeckend ze instaléieren?

**Réponse commune** (31.03.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*, et de **Mme Taina Bofferd**, *Ministre de l'Intérieur* :

Eis Gesellschaft, wéi och déi verschidden Aarte vun Handicap, ass villfälteg. Dës Diversitéit ass eng grouss Chance, déi eis och all Dag op en Neits virun eng Hellewull vun Erausforderungen stellt, déi mir awer ganz gär unhuelen.

Ee Wee, fir deen Challenge unzegoen, ass den „design for all“. De Familljeministère versicht, de Prinzip vum „design for all“ an all seng Projete mat afléissen ze loosse. Den „design for all“ ass eng Aart a Weis, fir Produiten an eis baulech Ëmwelt sou ze gestalten, dass si vu méiglechst ville Mënsche kënne genotzt ginn, an dat onofhängeg vum Alter a vun de Fäegkeete vum Einzelnen.

Eng opklappbar Sëtzbänk, déi net an der Héicht verstellt ka ginn, entsprécht leider net dem Prinzip vum „design for all“. Inkontinent Jugendlecher oder erwuesse Persounen, déi sech net ouni d'Hëllef vun enger Drëttpersoun d'Wëndel wiessele kënnen, hu ganz oft e kierperlechen Handicap, deen et néideg mécht, dass si op d'Bänk gehewe musse ginn. Ouni Patientenheebler ass dëst oft onméiglech.

Sou riskéiert een och, dass d'Leit mat enger Behënnerung sech op e gewëssenen Ekipement verlossen, dee si dann awer net notze kënnen, wa si op der Plaz sinn. Et riskéiert een also, dass d'Leit ouni hiert üblecht Material op eng Plaz ginn an a Schwieregkeete geroden, wa si d'Wëndel vun enger Persoun wiessele mussen.

Am Accessibilitéitsgesetz vum 7. Januar 2022 ass ënner anerem virgesinn, dass all ëffentlech Toilettë bannent zéng Joer konform musse sinn. Allerdéngs handelt et sech ëm „normal“ barriärfrei Toiletten; eng automatesch héichteverstellbar Banquette stellt eng gréisser Investitioun duer, zemooss wann déi op all ëffentlech Toilette gebaut sollt ginn. Op enger net iwwerwaachter Anlag ass de Risiko vu Vandalismus extreem héich.

D'Accessibilitéitsgesetz trëtt den 1. Juli 2023 a Kraaft. Säin Haaptzil ass et, e Moyaen ze hunn, fir géint d'Diskriminatioun vu Leit mat enger Behënnerung unzegoen, wat hir Méiglechkeeten ugeet, fir verschidde fundamental Rechte a Fräiheeten auszeüben. An dësem Fall schwätze mir vun hirem Recht, fir sech frei ze beweegen. Méi konkret geet et drëm, fir ze vermeiden, dass behënnergert Leit zu Lëtzebuerg net kënne vu verschiddene Services profitéieren, well d'Gebaihechkeeten, an deene sech de Service befënnt, fir si net zougänglech sinn.

Am Kader vun dësem Gesetz ass och virgesinn, dass d'Leit nei Moyaenen an d'Hand kréien, fir géint Diskriminéierung virzegoen: Vum 1. Juli 2023 u wäerte si zum Beispill d'Méiglechkeet kréien, fir eng Demande d'aménagement raisonnable ze maachen, an et sinn och staatlech Subventiounen virgesinn, fir de Prozess vun der „mise en accessibilité“ vun de besteende Gebaier ze beschleunegen.

Wat d'Ëmsetzung vun der UN-Behënnerterechtskonventioun ugeet, muss ee wëssen, dass d'Konzept vum Aménagement raisonnable, deen ni eng Charge disproportionnée duerstellen dierf, och sou an der UN-Behënnerterechtskonventioun virgesinn ass.

Et bleift awer, dass et e Besoin fir behënnertege-recht Toilettë mat engem Wéckeldësch fir Erwuesener gëtt an dass et wichteg ass, e Wee ze fannen, fir d'Unzuul u sou Toiletten an d'Luucht ze setzen.

D'Adapth, den nationale Kompetenzzentrum fir d'Accessibilitéit vun ëffentleche Plazen a Gebaier, ee vum Familljeministère finanzéierte Service, bitt jidderengem, deen d'Méiglechkeet an d'Plaz huet, fir sou eng Toilette ze bauen oder ëmzebauen, eng kompetent Berodung un.

Sou huet d'Adapth dem Beispill och d'Stad Lëtzebuerg 2021 an hiren Demarchen an der Sich no gëeegene Plaze fir sou Toiletten ënnerstëtzt a beroden. Sait Januar 2022 huet d'Stad Lëtzebuerg e Wéckeldësch fir Jugendlecher an erwuesse Leit an hiren ëffentlechen Toiletten um Glacis. D'Spillplaz „Beim Pirateschéff“ an der Avenue Monterey gëtt momentan frëschgemaach. D'Stad Lëtzebuerg wëll dovun profitéieren, e Wéckeldësch an den ëffentlechen Toilettë vun der Spillplaz ze installéieren.



**Question 5834** (01.03.2022) de **M. Marc Hansen** (*déi gréng*) concernant les **nitrites dans la charcuterie** :

En 2015, le Centre international de recherche sur le cancer (CIRC) de l'Organisation mondiale de la santé (OMS) a classé la charcuterie comme « cancérigène avéré pour l'homme » (Groupe 1) en s'appuyant sur des preuves suffisantes concernant le cancer colorectal. La cancérogénicité est notamment attribuée aux nitrites et nitrates ajoutés dans la charcuterie afin d'allonger leur durée de conservation et d'éviter l'oxydation.

En France les réflexions concernant une interdiction progressive d'ici à 2025 ont été lancées par un rapport parlementaire de l'Assemblée nationale du 13 janvier 2021.<sup>2</sup>

Dans sa réponse à la question parlementaire n° 5668, Madame la Ministre de la Santé affirme ne pas vouloir mener des réflexions sur une interdiction des sels nitrités dans la charcuterie au niveau national et appliquer simplement les nouvelles limites maximales décidées au niveau européen.

Dans ce contexte, je voudrais avoir les renseignements suivants :

1) Comment Madame la Ministre de la Protection des consommateurs sensibilise-t-elle les consommateurs, et en particulier les parents d'enfants, sur les effets cancérigènes des sels nitrités ?

2) Par quels moyens Monsieur le Ministre des Classes moyennes prévoit-il de sensibiliser les entreprises alimentaires nationales qui utilisent des sels nitrités dans la fabrication de leurs charcuteries afin de promouvoir des alternatives non cancérigènes ?

**Réponse** (21.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Protection des consommateurs, Ministre de la Santé* :

L'honorable Député fait référence à un rapport publié en 2018 par le Centre international de recherche sur le cancer (CIRC)<sup>3</sup> : « Les cancers attribuables au mode de vie et à l'environnement en France métropolitaine. »

Le but de cette étude était d'estimer la part et le nombre de nouveaux cas de cancer attribuables à des facteurs de risque liés au mode de vie ou à l'environnement, chez les adultes en France métropolitaine en 2015. Ainsi, 13 facteurs de risque classés cancérigènes certains ou probables par le CIRC ont été étudiés :

tagagisme (dont tagagisme passif), consommation de boissons alcoolisées, alimentation (consommation insuffisante de fruits, légumes, fibres, produits laitiers, consommation de viande rouge, de charcuterie), surpoids et obésité, activité physique insuffisante, utilisation d'hormones exogènes, durée insuffisante de l'allaitement maternel, infections, radiations ionisantes (radon et radiations provenant d'examens médicaux à visée diagnostique), pollution atmosphérique, rayonnement solaire (UV), expositions professionnelles et exposition aux substances chimiques en population générale (arsenic dans l'eau de boisson et benzène dans l'air intérieur).

Les résultats principaux de ce rapport pour la France sont :

- Parmi les 346.000 nouveaux cas de cancer diagnostiqués chez les adultes de 30 ans et plus en France en 2015, 142.000 seraient attribuables aux 13 facteurs de risque étudiés, soit 41 % de tous les nouveaux cas de cancer.

- Le tabac était responsable du plus grand nombre de cas (20 %), soit plus de 68.000 nouveaux cas attribuables au tagagisme). Venaient ensuite l'alcool (8 %), l'alimentation (5,4 %), et le surpoids et l'obésité (5,4 %).

À noter que ce rapport ne couvre pas l'aspect des sels nitrités dans les charcuteries mais la consommation de charcuterie et de viande rouge en tant que telle.

En consultant une autre monographie du CIRC<sup>4</sup> sur les nitrates et nitrites dans l'alimentation et l'eau potable « IARC Monographs on the Evaluation of Carcinogenic Risks to Humans, VOLUME 94 In-gested Nitrate and Nitrite, and Cyanobacterial Peptide Toxins 2010 », on s'aperçoit que le pouvoir cancérigène des nitrites est surtout lié à leur transformation sous certaines conditions en nitrosamines. Ce processus est favorisé en présence de certaines substances aminées (produits carnés) et inhibé en présence de substances antioxydantes comme la vitamine C.

On se rend donc compte que l'alimentation joue un rôle important dans l'expression du pouvoir cancé-

rogène de certaines substances chimiques. Ainsi, il y a des éléments qui favorisent l'expression du pouvoir cancérigène de certaines substances alors que d'autres la diminuent.

Les quantités relatives de certains aliments au sein d'un régime jouent également un rôle important.

C'est pourquoi la favorisation des principes d'une alimentation saine et variée est tellement importante dans la prévention des problèmes de santé en général.

ad 1) Le département de la protection des consommateurs n'a pas effectué à ce jour des campagnes ciblées pour informer les consommateurs sur des dangers liés à des substances singulières. Les explications préliminaires ci-avant montrent d'ailleurs que de telles informations ne doivent pas être effectuées dans le cadre de substances singulières mais bien en promouvant les principes d'une alimentation saine et équilibrée.

Or il faut savoir que la protection des intérêts et de la santé du consommateur fait partie intégrante du droit européen en matière de sécurité alimentaire qui est de la compétence du ministère de la Protection des consommateurs via le Commissariat alimentaire.

En effet, l'Union européenne dispose d'un système très élaboré pour l'évaluation des additifs autorisés dans les denrées alimentaires. Ce système se base sur les avis scientifiques de l'Autorité européenne de la sécurité alimentaire (EFSA) et sur un système d'autorisation communautaire de ces additifs dans des catégories de denrées alimentaires précises selon des conditions d'utilisation et souvent aussi en définissant des limites maximales admissibles. En plus, un processus de réévaluation est prévu pour la revue des autorisations existantes.

Pour expliquer au consommateur ce processus, le département de la protection des consommateurs avait élaboré au courant de l'année 2021 un film explicatif sur le processus d'évaluation scientifique et de gestion des risques liés aux additifs alimentaires en général dans l'Union européenne.

Le film relatif à cette campagne peut être consulté sur le portail de la sécurité alimentaire sous le lien suivant : <https://gd.lu/1lpJm0>

De l'autre côté, le département de la santé promeut depuis de longues années les principes d'une alimentation saine et équilibrée pour le maintien de la santé de la population. Dans ce contexte, des informations ont été élaborées à destination des différentes couches d'âge de la population luxembourgeoise.

Ces informations se trouvent sur le site Internet du « Gesond iessen, Méi beweegen (GIMB) »<sup>5</sup>.

Ainsi pour les enfants entre 12 et 36 mois, la consommation de charcuterie n'est pas recommandée.<sup>6</sup>

Pour les enfants de 3 à 12 ans, une consommation modérée est recommandée (une fois par semaine). Les explications suivantes sont à la base de cette recommandation :

« La charcuterie est souvent très salée et riche en graisses saturées (sauf le jambon ou les tranches de volaille), et donc la charcuterie n'a pas sa place dans l'alimentation routinière d'une famille. »<sup>7</sup>

Ces recommandations valent également pour la population des adolescents et des adultes.<sup>8</sup>

En respectant ces recommandations, le risque évoqué par l'honorable Député peut être maîtrisé dans les différentes classes d'âge de notre population.

Par ailleurs de multiples autres risques sanitaires peuvent également être prévenus de cette façon.

Pour le département de la protection des consommateurs, l'accès aux informations pour les consommateurs est un élément clé.

C'est pourquoi le ministère a activement promu la mise en place du logo Nutri-Score sur les denrées alimentaires via le règlement grand-ducal du 7 mai 2021 relatif à l'utilisation du logo Nutri-Score.<sup>9</sup>

En effet, de cette façon, le consommateur obtient en un clin d'œil une information sur les qualités nutritionnelles des denrées alimentaires.

D'ailleurs, la majorité des produits évoqués par l'honorable Député tombe dans les catégories D ou E du Nutri-Score.

Pour ces produits, la recommandation du GIMB est la suivante : « Consommez les produits gras, salés, sucrés et avec un Nutri-Score D et E avec modération. »

<sup>5</sup> <https://gimb.public.lu/fr/gesund-iessen/besoins-nutritionnels.html>

<sup>6</sup> <https://gimb.public.lu/dam-assets/publications/2013/Manager-et-bouger-entre-12-et-36-mois-2013.pdf>

<sup>7</sup> <https://gimb.public.lu/dam-assets/publications/2013/Manager-et-bouger-entre-3-et-12-ans-2013.pdf>

<sup>8</sup> <https://gimb.public.lu/fr/gesund-iessen/besoins-nutritionnels/adulte/extras-aliments.html>

<sup>9</sup> <https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2021/05/07/a396/jo>

ad 2) De telles initiatives n'existent pas à notre connaissance.

Par contre, l'utilisation sûre des additifs fait partie des cycles de formation dans le cadre des métiers de la bouche et en particulier du brevet de maîtrise dans les métiers de la bouche.

En outre, elle est intégrée dans les guides de bonnes pratiques d'hygiène alimentaire des différents secteurs.<sup>10</sup>

**Question 5836** (01.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant le **renouvellement de la carte d'identité** :

Well d'Logementspräisser fir vill Leit hei am Land säit Joren ëmmer méi schwéier ze bezuele ginn, verleeën och tendenziell ëmmer méi Lëtzeburger Staatsbierger hire Wunnsëtz an d'Groussregioun. An deem Fall mussen si sech vun hirer leschter Wunnsëtzmeng ofmellen, si sinn awer, esou wéi sämtlech Lëtzeburger, déi am Ausland wunnen, fir d'Erneuerung vun hirer Carte d'identité weiderhin op de Service vun enger Lëtzeburger Gemeng ugewisen.

An deem Zusammenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- U wéi eng zoustänneg Administratioun mussen d'Lëtzeburger, déi am Ausland wunnen, sech adresséieren, wann si hir Carte d'identité wëllen erneieren? Wéi eng potenziell Zousazprozedur mussen si berücksichtigen?

**Réponse commune** (23.03.2022) de **Mme Taina Bofferd**, *Ministre de l'Intérieur*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

Laut dem Artikel 15, Paragraf 1 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identificatioun vun de physische Persounen ass eng Identitéitskaart fakultativ fir Lëtzeburger Staatsbierger, déi am Ausland wunnen.

D'Lëtzeburger am Ausland, déi am Registre national des personnes physiques (RNPP) agedroe sinn, kënnen eng nei Identitéitskaart op engem Lëtzeburger Konsulat ufroen. Et kommen awer nëmmen d'Konsulater op de Lëtzeburger Ambassade respektiv Generalkonsulater duerch d'Welt a Fro, well d'Fangerofdréck vun all Persoun geholl an op eng geséichert Aart a Weis iwwerdroe musse ginn. Dës Operatioun kann net op engem Honorarkonsulat gemaach ginn.

Wann eng Identitéitskaart fir eng mannerjäreg Persoun oder eng Persoun, déi ënnert Tutelle steet, ugefrot gëtt, da ka vu der Persoun, déi d'Demande mécht, eventuell verlaangt ginn, fir zousätzlech Pièce virzeleeën, déi beweisen, dass si déi néideg legal Autoritéit iwwert dës Persoun huet.

D'Lëtzeburger am Ausland hunn och d'Méiglechkeet, fir sech beim Accueil vum Guichet.lu ze presentéieren, fir do hir nei Identitéitskaart unzefroen.

Weider Informatiounen dozou fënnt een op <https://guichet.public.lu/fr/citoyens/citoyennete/papiers-identite/carte-identite/nouv-carte-identite-adulte-non-resident.html>.

**Question 5837** (01.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant la **nouvelle réglementation de l'Union européenne concernant les sociétés boîtes aux lettres** :

Am Artikel „Briefkastenfirmen soll es an den Kragen gehen“, deen den 11. Februar am Lëtzeburger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt d'EU-Kommissioun plangt, eng Rei Moosname géint sougenannt Bréifkëschtfirmen ze ergräifen, déi an engem bestëmmte Land iwwert eng legal ugemellten Néierloosung verfügen, awer soss kaum bis keng Geschäftsaktivitéit do ënnerhalen. Weider heescht et, datt d'Kommissioun an hirem aktuellen Entworf eng Beweisaaschtmékier virgesäit. Och d'Madamm Minister gëtt mat de Wieder zitéiert, datt de Virschlag „in der aktuellen Fassung über das Ziel hinausschießt“. Zu Lëtzebuerg kéinte bis zu 45.000 Firmae vun där geplangter Neireegelung betraff sinn.

An deem Zusammenhang géif ech der Madamm Finanzminister gär dës Froe stellen:

- Kann d'Madamm Minister dës Faite bestätegen? Wa jo, wéi reagéiert si dorop?

- Kann d'Madamm Minister elaboréieren, wéi si d'Gefor bewäert, datt d'Firmaen am Fall vun esou enger Neireegelung aus der EU a Richtung vun der Finanzplaz London ofwandern? Gesäit si an deem Sënn och d'Gefor, datt Firmaen, déi sech an Europa wëllen néierloossen, hire Sëtz vun Ufank un éischter a Groussbritannien wéi an engem EU-Memberstaat, notament zu Lëtzebuerg etabléieren?

<sup>10</sup> <https://securite-alimentaire.public.lu/fr/professionnel/Denrees-alimentaires/Guides-de-bonne-pratique.html>





- Kann d'Madamm Minister de potenziellen Impakt vun dëser Moosnam op de Staatsbudget chiffréieren?

- Kann d'Madamm Minister matdeelen, op wéi eng Manéier si hei d'Lëtzebuurger Interessen ze verdeedegen gedenkt, a besonnesch, ob si sech géint déi rechtstaatlech problematesch Beweislaaschtëmkéier wäert wieren?

**Réponse** (28.03.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

A senger parlamentarescher Ufro referéiert sech den honorabelen Deputéierten op déi rezent Proposition vum der EU-Kommissioun vum 22. Dezember 2021, fir géint sougenannte „Bréifkëschtfirmen“ virzegoen.

Dës Proposition werft eng ganz Rei vu substanzuelle Froen op, notamment well den Uwendungsberäich vun dëser Proposition immens breet formuléiert ass, an doduerch riskéiert eng net negligabel Zuel vu Gesellschaften zu Lëtzebuerg, awer och an aneren EU-Memberstaaten, ze impaktéieren. D'Proposition wäert elo an den nächste Wochen a Méint am Conseil vun der EU am Detail analyséiert a verhandelt ginn, an et bleift also ofzewaarden a wéi fern de Conseil een Accord op dësem Text fanne kann.

Betreffend déi zweet Fro vum honorabelen Deputéierten ass ze soen, datt d'Proposition effektiv gewësse Froen ënnert dem Aspekt vum Level Playing Field opwerft. Lëtzebuerg wäert sech dofir asetzen, datt dës Froen a Consideratioun geholl gi während den Negociatiounen.

De potenziellen Impakt vun dëser Proposition op de Staatsbudget ass am Moment net ze chiffréieren, schonn eleng doduerch, datt et nach keen definitiven Text gëtt, an déi eventuell Reaktiounen vun den Entreprises op sou eng Moosnam net ofzeschätze sinn. Wéi am rezenten Avis vum Conseil économique et social „Analyse des données fiscales au Luxembourg“ duergeluecht, contribuéieren d'Entreprises, déi am Code NACE „Soparfi“ klasséiert sinn, an enger grousser Proportion zu de Steuerrecetten, déi vun de Betriber bezuelt ginn. Och wann de potenziellen Impakt vun der Proposition net automatesch ka gläichgesat gi mat de Steuerrecetten, déi vun den Entreprisë mam Code NACE „Soparfi“ generéiert ginn, sou ass grouss Virsiicht gebueden, fir den Impakt vun der Direktiv op dës Entreprises, an doduerch och den eventuellen Impakt op de Staatsbudget, sou kleng wéi méiglech ze halen.

Et wäert an de kommenden Negociatiounen dorop ukommen, fir notamment den Uwendungsberäich vun dëser Direktiv ze limitéieren an och déi proposéiert Substanzkrittäre sou ze präziséieren, datt keng Entreprisë mat reellen ekonomeschen Aktivitéiten dovunner negativ impaktéiert sinn.

**Question 5838** (01.03.2022) de **M. Roy Reding** (*ADR*) concernant la **simplification de la procédure d'obtention d'une autorisation de travail pour les réfugiés ukrainiens** :

Et gëtt e groussen Engagement hei am Land, fir de Krichsflüchtlingen aus der Ukrain ze hëllefen.

Wann ech richtig verstanen hunn, war et zu vereinfachen an onbürokratesche Prozedure komm, fir dës Leit hei am Land de Flüchtlingsstatut ze ginn, an dat ass richtig esou.

Vill Ukrainer hunn eng gutt Berufs- a Schoulausbildung, déi maachen, datt si och séier kéinten Aarbechtsplaze fannen, wat hiert Liewen enorm erliichtere géif.

Här Bausseminister, sidd Dir gewëllt, dës ukrainesch Krichsflüchtlinge vun der normaler Begrenzung duerch „priorité communautaire“ ze befreien an de Patronen et ze erlaben, si direkt an e Beschäftigungsverhältnis ze huelen?

**Réponse** (01.04.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

De Regierungsrot vum 9. März 2022 huet festgehalten, dass e Beneficiaire vun der protection temporaire en direkten Accès, ouni Test du Marché, op den Aarbechtsmaart kritt.

**Question 5839** (01.03.2022) de **M. Roy Reding** (*ADR*) concernant le **vaccin contre le pneumocoque des décès Covid** :

Op de Stand vum 28. Februar sinn zu Lëtzebuerg 988 Persounen mat oder u Covid-19 gestuerwen.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär dës Fro stellen:

- Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi vill vun dësen 988 Leit géint Pneumocoquen geimpft waren a wéi se sech op déi eenzel Alterskategorie verdeelen?

**Réponse** (24.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

D'Direktioun vun der Santé huet keng Informatiounen iwwert den Impftaux géint Pneumocoquen bei Leit déi mat Covid-19 gestuerwe sinn.

Am Kader vun der zukünfteger Digitalisatioun vum Gesondheitssektor wäert awer een digitalen Impfpass agefouert ginn, deem an Zukunft erlabe wäert, statistesch Analysen iwwer verschidden Impftauxen ze maachen. Dës Projet wäert ëmgeseat ginn esoubal déi néideg legal Basis geschaf ass.

**Question 5840** (01.03.2022) de **MM. Fred Keup** et **Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant les **dons de livres** :

Leit, déi iwwer eng wäertvoll Bichersammlung verfügen a virun hirem Doud oder aus engem anere Grund dës Sammlung enger Bibliothék als Don schenke wëllen, stoussen oft op Widderstänn a kréien eng Ofso, well et an de Bibliothéiken net genuch Personal oder einfach net genuch Plaz gëtt, fir dës Bichersammlungen ze stockéieren. Och kréie si gesot, eng gutt Bibliothék géif nëmme mat neie Bicher funktionéieren, soss wier et keng Bibliothék, mee ee „Bichermusée“ oder „Bicherkierfecht“. D'Leit ginn dann oft u Bicherveräiner weisen, wéi zum Beispill d'Lëtzebuurger Bicherfrënn oder de Lënster Bicherclub Luxemburgensia. Mee och dës Veräiner stousse séier un hir Grenzen, well se einfach net genuch Plaz fir d'Bicher hunn an doduerch och méi selektiv sinn, wéi dat nach fréier de Fall war. Oft ginn doduerch wäertvoll oder originell Bichersammlungen, déi duerchaus zum Patrimoine mobilier vum Land ze rechnen sinn, verluer oder an d'Ausland verschenkt. Verstärkt gëtt dësen Trend doduerch, datt et zu Lëtzebuerg kaum modern Antiquariater, also Librairië mat moderne Second-hand-Bicher gëtt.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

1. Wat gëtt staatlechersäits ënnerholl fir ze verhënneren, datt wäertvoll privat Bicherbestänn, déi als Don un ëffentlech Bibliothéike virgesi sinn, verluer ginn, well d'Bibliothéiken net genuch Personal oder Stockageméiglechkeeten hunn?

2. Gëtt et Iwwerleeungen an der Regierung, de Bicherveräiner ouni Gewënnzweck méi entgéintze kommen, sief et finanziell oder andeems de Staat hinne Raimlechkeete gratis zur Verfügung stellt?

3. Ass dru geduecht, fir Veranstaltungen wéi d'Walfer Bicherdeeg, d'Veiner Pabeier- a Bicherdeeg a generell all d'Bicherflëimäert hei am Land - méi, wéi dat bis elo de Fall war - ze ënnerstëtzen, sief et duerch Werbecampagnen oder finanziell Bähëllefen?

4. Wéi steet d'Madamm Minister zur Iwwerleeung, ee spezielle Förderprogramm anzerrichten, deem et bicherbegeeschterte Mënsche méi liicht maache géif, modern Antiquariater (mat Gewënnzweck) ze grënnen?

5. Kann d'Regierung preziséieren, ob Luxemburgensia ganz allgemeng zum Patrimoine culturel mobilier vun eisem Land gehéieren, bzw. wéi eng Konditiounen si erfëlle mussen, fir dësem Patrimoine zougerechent kënnen ze ginn? Ass dru geduecht, eng Aart „Sammelstell“ ze grënnen, an där all dës Bicher, wa se an engem akzeptablen Zoustand sinn, kënnen opgeholl a sou laang stockéiert ginn, bis se eng nei Adress fonnt hunn?

6. Wéi eng Méiglechkeeten huet de Staat, fir ze verhënneren, datt „livres anciens“, also Bicher vu virun 1800 mat héijem nationale Wäert, bzw. Privatbibliothéike mat esou Bicher, iwwert d'Grenze verschwannen?

7. Wéi eng Bicher vu Privatleit goufen an deene leschten zéng Joer vum Staat opkaaft? Wat ass mat dëse Bicher geschitt?

8. Ass dru geduecht, fir Privatleit, déi hir Bicher verschenke wëllen, d'Méiglechkeet ze ginn, hir Sammlung vun engem staatlech unerkannten Expert evaluéieren ze loossen a sech vun him beroden ze loossen, wat si mat hire Bicher maache kënnen?

**Réponse** (07.04.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture* :

ad 1. D'Autorités de tutelle vun den ëffentleche Bibliothéike si Gemengen oder ASBLen, soudatt de Staat net kann an de Prozess vun der Acquisitiounspolitik agräifen an et autonom Entscheedungen vun de jeeweilege Bibliothecairen an hiren Institutiounen sinn, iwwert d'Pertinenz vun enger Donatioun fir déi eege Kollektioun nozedenken. An ëffentleche Bibliothéike gëtt et eng gängeg Elagage-Politik, déi manner mat Stockageproblemer ze dinn huet, mee op d'Attraktivitéit vun de Bestänn duerch nei Publikatiounen zeréckzeféieren ass.

Et ass awer drun ze erënneren, datt et niewent ëffentleche Bibliothéiken, déi eng méi aktualitéitsgebonnen Acquisitiounspolitik hunn, och patrimonial Bibliothéike gëtt, haaptsächlech déi vun de Kulturinstituter, déi nom Gesetz vum 25. Juni 2004

eng Sammlungsopgab hunn. D'Kulturinstituter si sech bewosst, datt e groussen a wichtege Deel vum Patrimoine culturel a Privatbesëtz ass. Dofir si si och a Kontakt mat Privatleit, fir de Patrimoine op eng nohalteg Aart a Weis ze conservéieren an an hire Bibliothéiken zougänglech ze maachen. D'Kulturinstituter leene prinzipiell keng Bicher aus Plaz- oder Personalmangel of, well et hir Aufgab ass, dofir ze suergen, datt kee Patrimoine verluer geet. D'Kulturinstituter ginn duerfir och reegelméisseg op Steeën, a sinn a Kontakt mat Antiquariater a Bicherveräiner am In- an Ausland, fir de kulturelle Patrimoine ze vervollstännegen.

Et ass awer esou, datt vill privat Bicherbestänn, déi op den éischte Bléck wäertvoll ausgesinn, am Kontext vum Lëtzebuurger kulturelle Patrimoine manner wäertvoll sinn. Eng Bibliothék kann och net en Depot fir onzieleg Exemplairë vum selwechte Buch sinn. Dofir gëtt all Bibliothék, déi ugebuede gëtt, vun de jeeweilege Servicer an de Kulturinstituter evaluéiert.

Et ass dem Kulturministère net bekannt, datt wäertvoll oder besonnesch Bichersammlunge vu patrimonialem Wäert an d'Ausland verschenkt gi wieren, woubäi et Privatleit fräisteet, hir Kollektiounen ze verschenken oder ze verkafen, als Ganzt oder an Deeler, zu Lëtzebuerg oder am Ausland.

ad 2. De Staat kënn elo scho Bicherveräiner ouni Gewënnzweck entgéint, déi e kulturelle Projet hunn. D'Lëtzebuurger Bicherfrënn kréie säit 1999 d'Pabeierscheier an den Annexe vum Schlass Buerglënster gratis zur Verfügung gestallt, an den Erléis vum Verkaf vu Bicher kënn sozialen oder kulturellen Zwecker zegutt. É. a. ass d'Bourse Bicherfrënn ervirzehiewen, duerch déi all Joer e Schrëftsteller vu Lëtzebuerg mat 8.000 Euro ënnerstëtzt gëtt, fir eng Résidence d'auteur am Literarisches Colloquium Berlin (LCB) zu Berlin ze maachen. De Centre national de littérature an de Kulturministère si bei dësem Projet associéiert.

ad 3. ASBLen oder Gemengen, déi e kulturelle Projet ronderëm d'Buch mat enger regionaler oder nationaler Envergure organiséieren, kënnen iwwer e Subsid vum Kulturministère ënnerstëtzt ginn, dëst op Presentatioun vun engem Dossier, dee vun enger interner Subsidekommissioun evaluéiert gëtt. Dat ass zum Beispill de Fall vun der Walfer Gemeng, déi 2021 e Subsid vun 30.000 Euro fir d'Organisatioun vun de Walfer Bicherdeeg 2021 krut, oder der Gemeng Conter, déi 2021 e Subsid vun 8.000 Euro fir d'Organisatioun vum Festival international de la bande dessinée krut.

ad 4. Eng staatlech Bähëllef spezifesch fir modern Antiquariater mat Gewënnzweck ass den Ament net ugeduecht, well och Librairien deals dës Aufgab iwwerhuelen, ouni an de Genoss vun enger staatlecher Bähëllef ze kommen. E modernt Antiquariat huet iwweregens och aner Aufgaben a bezitt seng Bicher meeschtens net aus Sammlunge vu Privatbibliothéiken, mee direkt iwwert d'Editeuren.

ad 5. Eng zentral Sammelstell ass net sënnvoll, well d'Kulturinstituter, déi zesummen de Patrimoine culturel versueren, USPriechnpartner jee no Schwiéerpunkt sinn. Déi breetsten Definitioun vu Luxemburgensia huet d'Nationalbibliothék (BnL), déi iwwert d'Gesetz vum Dépôt légal all Imprimé versuergt. An dësem Sënn ass d'BnL oft déi éischt Ulafstell vu Privatleit, déi hir Bicherbestänn wëlle verschenken oder verkafen. De Service Acquisition vun der BnL koordinéiert déi Demanden a gëtt se un déi betreffen Divisiounen vum Fonds luxembourgeois oder vum Fonds non luxembourgeois weider. Handelt et sech éischter ëm Luxemburgensia, gëtt am direkte Gespréich mat de Leit gekuckt, ob d'Bibliothék als Ganzt oder an Deeler eng patrimonial Valeur huet. Dat kann duerch Inventaire geschéien oder duerch eng Visitt sur place.

Den nationale Literaturzenter zu Miersch (CNL), deem ausschliisslech Bicher, déi a Relatioun mat der Literatur zu Lëtzebuerg stinn, sammelt, gëtt och reegelméisseg vu Privatpersounen ugeschwat, déi eenzel Bicher oder och ganz Bibliothéiken hunn. No engem éischte Gespréich, bei deem de CNL versicht, méi iwwert dës Bicher gewuer ze ginn, gëtt e RDV mat den Donateur gemaach, fir, wa méiglech sur place, d'Bibliothék ze evaluéieren. Op der Plaz gëtt dann en Tri gemaach an decidéiert, wat fir eng Bicher fir d'Sammlung vum CNL a Fro kommen. Dës Bicher kënnen dann als Schenkung oder no engem Kaf un de CNL goen. Si ginn am Réseau vun de Bibliothéiken opgeholl a sinn esou och fir de Public an d'Communauté de recherche zougänglech.

Doriwwer eraus sammelt de CNL vum Auteur signéiert Exemplairen, déi als Unikat betruuecht ginn an en Abléck an d'Vernetzung vum Literaturfeld kënnen ginn. An och ganz Bibliothéike gi geleeëntlech vun CNL opgeholl - ëmmer am Kontext vun engem literaturhistoreschen Erkenntniswäert. Sou huet de CNL zum Beispill d'Bibliothék vum Anise Koltz opgeholl, oder viru Kuerzem d'Bibliothék vum Jean Krier. Dës Bibliothéike sinn och fir d'Fuerschung zougänglech.

Et ass selbstverständlech, datt d'Kulturinstituter och zesummeschaffen, wa si Abléck an eng Bibliothék kréien, déi méi Sammelschwiéerpunkten huet.

ad 6. Livres anciens vu virun 1800 hunn net per se e patrimoniale Wäert, mee just dann, wa se der Luxemburgensia zouzeuerne sinn. D'Spezialisten an de Kulturinstitutiounen sti meeschtens mat Privatsammler a Kontakt a wëssen ëm esou Kollektiounen. Schonn zu Liefzäite gi vertraulech Gespréicher gefouert, wat mat esou Bibliothéike passéiert. Dat ass zum Beispill de Fall fir Autorebibliothéiken, wou de CNL Kontakt mat den Auteuren ophëlt. Et ass och de Fall bei Geléiertebibliothéiken, wou d'BnL enk Kontakter huet. Dacks huelen nom Doud vu Kollektioneuren och lerwe mat de Kulturinstitutiounen Kontakt op, wou déi jeeweileg Responsabel d'Kompetenz hunn anzeschätzen, wou eng Kollektioun als Ganzt oder an Deeler besser versuergt ka ginn. Et besteet och d'Méiglechkeet, iwwert de Focuna eng Donatioun u Kulturinstituter ze maachen, woubäi esou Donen och fiskalesch deductibel sinn. Aner Donen ginn iwwer en Testament oder en Acte notarial definéiert.

Datt patrimonial Dokumenter kënnen an d'Ausland verkaaft ginn, ass ni ganz ze verhënneren. Et ass awer esou, datt d'Kapitel 8 vum Archivgesetz virgesäit, datt Dokumenter kënnen klasséiert ginn, soudatt de Staat sech Moyenen a Prozedure ginn huet, e Verloscht vum Patrimoine ze miniméieren. Virun allem awer dat neit Denkmalschutzgesetz, insbesonnesch d'Kapitel 4, wou am Art. 44 Luxemburgensia ënnert dem Punkt (2) 2 subsuméiert ass, soll verhënneren, datt Dokumenter vu grousser patrimonialer Valeur net kéinte vun de Kulturinstituter versuergt ginn.

ad 7. Et gëtt keen zentrale Fichier vu Bicher, déi an de leschten zéng Joer vum Staat opkaaft gi sinn, mee d'Kulturinstituter féieren alleguernten eenzel hir Lëschte vun Dokumenter, déi si kaaft hunn oder geschenkt kruten. No der Acquisitioun ginn déi Dokumenter no de jeeweilege Reegelsystemer a Conservatiounsreegele versuergt an traitéiert.

Als Beispill kann een d'Bibliothék vum Max Goergen nennen, déi ganz vu Mataarbechter vum CNL déi lescht Joren opgeholl an analyséiert ginn ass. Zesumme mat der BnL sinn déi Bicher, déi wichteg fir de Patrimoine sinn, ausgesënnert ginn - dat waren der e puer Dausend - an un eng spezialiséiert Firma geschéckt ginn, déi d'Bicher, déi vu Schimmel befall waren, entschimmelt huet. Déi Aarbecht ass ofgeschloss, an d'Bibliothék Max Goergen ass elo en Deel vun den Auteursbibliothéike vum CNL. Aner Bicher sinn an de Bestand vun der BnL integréiert ginn.

ad 8. Et ass net Aufgab vum Staat, Privatleit beim Verkaf vu Bicher ze beroden a Präisser um Marché mat ze definéieren. Auktionshaiser an Antiquariater an der Groussregioun, awer och Experten a Commerçanten iwwerhuelen esou Aufgaben.

**Question 5841** (01.03.2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*) concernant les **personnes fuyant le conflit armé en Ukraine** :

Les dernières données de l'UNHCR estiment déjà au cinquième jour du conflit armé en Ukraine à plus de 500.000 le nombre de personnes qui ont fui le conflit vers les pays voisins. L'ONU estime à 4 millions le nombre d'Ukrainien.ne.s qui pourraient chercher à se réfugier au sein de l'UE.

La France veut proposer l'activation de la directive 2001/55/CE qui porte sur la protection temporaire<sup>11</sup> et qui jusqu'à aujourd'hui n'a encore jamais été déclenchée. Elle prévoit un dispositif de protection et de répartition en cas d'afflux massif de personnes déplacées.

1) Comment le Luxembourg va-t-il se positionner sur cette question lors du Conseil des ministres européens de l'Intérieur et de la Justice ce jeudi 3 mars ?

La directive se réfère aux « personnes déplacées », c'est-à-dire « les ressortissants de pays tiers ou apatrides qui ont dû quitter leur pays ou région d'origine ou ont été évacués ». La question des personnes dont la région d'origine n'est pas l'Ukraine mais qui fuiraient aussi le conflit n'est pas claire.

2) Comment le Luxembourg se positionne-t-il sur l'accueil de ces personnes qui ne sont pas de nationalité ukrainienne, fuyant également vers les frontières de l'UE ? La question d'un élargissement de la définition est-elle prévue ?

Nous savons que déjà maintenant les structures d'accueil au Luxembourg sont saturées du fait de l'impossibilité pour les bénéficiaires d'une protection internationale d'accéder au marché du logement.

3) En termes d'accueil des demandeurs de protections qui fuient la guerre qui sévit en Ukraine, quelles mesures le Gouvernement entend-il prendre ? Com-

<sup>11</sup> Directive 2001/55/CE du Conseil du 20 juillet 2001 relative à des normes minimales pour l'octroi d'une protection temporaire en cas d'afflux massif de personnes déplacées et à des mesures tendant à assurer un équilibre entre les efforts consentis par les États membres pour accueillir ces personnes et supporter les conséquences de cet accueil.





bien de ressortissants ukrainiens le Luxembourg s'engagera-t-il à accueillir au niveau européen ?

L'Ukraine est sur la liste des pays sûrs (règlement grand-ducal du 21 décembre 2007 fixant une liste de pays d'origine sûrs au sens de la loi modifiée du 5 mai 2006 relative au droit d'asile et à des formes complémentaires de protection).

4) Est-il question de retirer l'Ukraine de la liste des pays sûrs ?

**Réponse** (01.04.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1) La décision d'exécution (UE)2022/382 du Conseil du 4 mars 2022 constatant l'existence d'un afflux massif de personnes déplacées en provenance d'Ukraine, au sens de l'article 5 de la directive 2001/55/CE, et ayant pour effet d'introduire une protection temporaire, a été adoptée avec le soutien du Grand-Duché de Luxembourg.

ad 2) La décision d'exécution du Conseil du 4 mars 2022 précitée dispose que la protection temporaire s'applique également aux ressortissants de pays tiers autres que l'Ukraine, pour autant qu'ils peuvent établir qu'ils étaient en séjour régulier en Ukraine avant le 24 février 2022 sur la base d'un titre de séjour permanent en cours de validité, et qu'ils ne sont pas en mesure de rentrer dans leur pays d'origine dans des conditions sûres et durables. Dans ce contexte le Gouvernement luxembourgeois a pris, en date du 18 mars 2022, la décision d'étendre la protection temporaire également à d'autres personnes qui ne sont pas en mesure de rentrer dans leur pays d'origine dans des conditions sûres et durables, y inclus pour des personnes ayant séjourné temporairement en Ukraine.

ad 3) Étant donné que le réseau d'hébergement de l'Office national de l'accueil (ONA) - réseau ayant doublé sa capacité depuis 2015 - avait déjà atteint une quasi-saturation avec un taux d'occupation de 96 % avant l'afflux depuis l'Ukraine, l'ONA a mis en place, en collaboration avec maints acteurs un nombre important de nouvelles structures afin de pouvoir assurer l'accueil des personnes en provenance d'Ukraine. L'ONA dispose actuellement de 19 structures d'hébergement d'urgence (halls, hôtels, auberges de jeunesse) déjà opérationnelles qui ont été aménagées ces derniers jours et semaines pour les personnes fuyant la guerre en Ukraine. D'autres structures d'hébergement se trouvent en voie d'aménagement ou en prospection. L'ONA continue de recevoir et de gérer les offres de logement soumises notamment par les administrations communales, suite à l'appel des ministres Taina Bofferdig et Jean Asselborn et du président du Syvicol, Emile Eicher, le 1<sup>er</sup> mars 2022.

ad 4) Oui, il est prévu de retirer l'Ukraine de la liste de pays d'origine sûrs. Soulignons toutefois qu'au cours des dernières années, suite à l'annexion illégale de la Crimée par la Russie en 2014, ce concept n'est plus appliqué aux Ukrainiens comme base d'une procédure accélérée.

**Question 5843** (01.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **ligne éditoriale pour les bulletins communaux** :

D'Gemengegesetz gesäit keng speziell Krittäre fir d'Inhalter am Gemengebuet vir, mee den Editeur vum Gemengebuet ass dorunner gehalen, déi Krittären ze respektéieren, déi fir all Medie gëllen. Dëst war een Deel vun der Äntwert op eis parlamentaresch Fro N° 1969.

Mir ass zougedroe ginn, dass an enger Gemeng am Süde vum Land ee Gruppement vu Gemengeréit, déi sech an enger Biergerinitiativ zesummegedoen hunn, Problemer mat der Aart a Weis hunn, wéi de Schäfferot si am Gemengebuet duerstellt. Wéi een an enger Ausgab vum Gemengebuet noliese kann, gouf den Numm vun der Biergerinitiativ an enger eenzeger Ausgab aachtmol ënnerschiddlech geschriwwen. No Kontestatione vun de betraffene Gemengeréit steet elo, an enger zweeter Ausgab, nëmmen nach ee Kierzel ënnert den Interventionen am Buet, wat net de richtegen Numm ass, an och net esou vum Kollektiv gefrot gouf. D'Biergerinitiativ freet ganz kloer, dass hiren Numm esou opgefouert gëtt an net no Interpretationsdivergenze vum Schäfferot geännert gëtt. De Problem ass, dass esou d'Leit, déi de Buet liesen, domadder verwiert ginn, well si den Numm vun der Biergerinitiativ am Buet net méi erkennen.

Politik ass och Ëffentlechkeetsaarbecht, a grad kleng Initiativen, Beweegungen a Parteie sinn drop ugewisen, dass de Bierger kloer kann erkennen, fir wat hir Gemengeconseillere stinn a fir wat si sech asetzen. De Gemengebuet ass fir vill Gemengeréit eng vun den eenzege Méiglechkeeten, fir dass de Bierger breetflächeg eppes vun hirer politescher Aarbecht gewuer gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Interieur dës Froe stellen:

1. Mengt d'Ministeschen net och, dass de Schäfferot, als Editeur vum Buet, hir politeschen Opposition neutral a mam ganzen Numm nenne misst, falls dëst vun de betraffene Gemengeréit gefrot ass?

2. Weisen esou Fäll net drop hin, dass et speziell Reegele fir d'Editioun vu Gemengebuete bräicht, grad wann ee weess, dass dës Gemengebuete mat Steiergelder finanziéiert ginn?

**Réponse** (23.03.2022) de **Mme Taina Bofferdig**, *Ministre de l'Intérieur* :

Ech wëll virausschécken, dass ech net weess, ëm wéi eng Gemeng et sech handelt, an dass déi besoten Editioun vum Gemengebuet mir net bekannt ass. Dem Deputéierte seng Ausféierunge sinn och esou vag, dass ech net an der Lag sinn, fundéiert a prezis ze äntweren.

Generell wëll ech awer betounen, dass Informatiounen a Kommunikatiounen vun Ëffentlecher Säit, also och vun de Gemengen, méiglechst komplett solle sinn, fir dass d'Biergerinnen a Bierger sech en akkurat Bild vun der Politik an hirer Gemeng maache kënnen. Dëst ass eng Grondvoraussetzung fir e gutt Funktionéiere vun der lokaler Demokratie.

Dofir hunn ech d'Fro vun engem eventuelle legalen Encadrement vum Gemengebuet am Kader vun der Refonte vum Gemengegesetz scho gestallt, a mir denken iwwer eng sënnvoll Reegelung dovunner no.

**Question 5846** (02.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant le **leasing d'un avion de German Airways par Luxair** :

Traditionell bitt d'Luxair hiren Aarbechter gefestegt sozial Bedéngungen, bei deenen d'Gewerkschaften an hir Fuerderunge mat engem ausgepräagte Mat-sproocherecht berécksiichtegt ginn. Dëst ass net bei alle Fluchgesellschaften eng Selbstverständlechkeet.

Wéi RTL den 23. Februar 2022 schreift, wäert d'Luxair bei der däitscher Airline „German Airways“, mat Sëtz zu Köln, eng Embraer 190 leasen. Am Kader vun dësem „wet lease“-Kontrakt wäert déi geleaste Maschinn mam Logo an an de Faarwe vun der Luxair fléien, mee d'Cockpit- a Kabinncrew soll weider fir German Airways schaffen. Dës „Leasing-lwwergangsléisung“ soll Mëtt Mee ugoen a soulaang gëllen, bis d'Luxair nei Fligere keeft, fir hir eege Kapazitéiten opzestocken.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Gëtt d'Cockpit- a Kabinncrew, déi laut dem Artikel weider fir German Airways wäert schaffen, nom Luxair-Kollektivvertrag oder German-Airways-Bedéngunge bezuelt?

2. Ass an Zukunft geplangt, op weider Leasing- an Outsourcingoperatiounen vu Fligeren zeréckzegräifen?

3. Gesäit de Minister bei dësem Virgoen net de Risiko, dass déi ausgepräagt sozial Grondrechter bannent der Luxair mat esou engem „wet lease“-Vertrag kéinten ëmgaange ginn?

**Réponse** (22.04.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

D'Luxair huet e Besoin identifizéiert fir méi Kapazitéit op verschiddene Strecken am Summer 2022 an handelt hei a kommerzieller Autonomie.

E sougenannte „wet lease“ ass eng gängeg Praxis an der Aviatioun. Et handelt sech dobäi ëm e Locationskontrakt, bei deem eng Fluchgesellschaft e Fliger mam kompletten Equipage, Entretien an Assurance, enger anerer Fluchgesellschaft zur Verfügung stellt, déi dee Moment just de Carburant an d'Taxen (Fluchhafentaxen, Navigatiounstaxen etc.) bezilt.

**Question 5849** (02.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **promotion des ministères à l'aide des médias sociaux** :

D'Benotze vu Social Media zu Promotiounszwecker ass hautzudaags een essentiell Element vun all Publicitéit. Och an der Politik si Social Media Konten nëtzlech, fir am Austausch mat der Gesellschaft ze sinn. Ministeren an hier Verwaltunge schalte reegelméisseg Annoncen a Publicitéiten op Social Media, fir d'Bevëlkerung op Projeten oder Ännerungen opmierksam ze maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Premierminister, Minister fir Kommunikatioun a Medien an dem Minister fir Finanzen dës Froe stellen:

1. Wéi héich ass de Budget insgesamt fir d'Profiler an d'Promotioun vun de Ministèreen op Social Media?

2. Wéi ass dëse Budget op déi verschidde perséinlech Profiller vun de Ministeren/Ministeschen opgedeelt?

3. Wéi vill Ëffentlech Gelder hunn déi eenzel Ministère säit Ufank 2014 fir Annoncen a Publicitéite fir hir Konten op Social Media ausginn (opgelëscht no Joer, Ministère an no Medium)?

4. Wéi vill Ëffentlech Gelder hunn déi eenzel Ministeren a Ministesche säit Ufank 2014 fir Annoncen

a Publicitéite fir hir perséinlech Konten op Social Media ausginn (opgelëscht no Joer an no Medium)?

5. Wéi vill Ëffentlech Gelder hunn déi eenzel Ministère säit Ufank 2014 fir extern Beroder a sougenannten „Content Creators“ hisiichtlech dem Contenu op hire Konten op Social Media ausginn (opgelëscht no Joer, Ministère respektiv Minister an no Medium)?

**Réponse commune** (24.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre*, *Ministre d'État*, et de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

Et gëtt keen dedizéierte Budget fir d'Presenz vun de Ministèreen op de sozialen Netzwierker. D'Ministèren hu jeeweils ënnerschiddlech Budgetslinnen, duerch déi si hir Kommunikatioun kënnen finanzéieren. De Medium fir déi entspreichend Kommunikatioun gëtt en fonction vum Sujet a vum Zilpublikum flexibel festgeluecht. D'Ministère maache keng detailléiert Opschlësselung vun de Moyenen, déi an dësem Kontext gebraucht ginn.

Wann e Ministère fir Kommunikationsprojeten op extern Beroder zeréckgräift an dës Projeten Aktivitéit op de sozialen Netzwierker virgesinn, sou ass dës Aktivitéit en Deel vun der Gesamtoffer a gëtt an der Reegel net eenzel facturéiert.

**Question 5857** (03.03.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant l'**évaluation de la réforme du RGTR** :

2021 goufe grouss Ännerungen am RGTR-Netz an Ugrëff geholl an och zum groussen Deel ëmgesat. Zil sollt sinn, den Ëffentlechen Transport fir de Benotzer méi attraktiv ze maachen. Dëst schreift sech iwwerdeems och an d'Klimapolitik vun der Regierung an, déi d'Bierger ëmmer méi vum Individualtransport fortbeweege wëll a Richtung Ëffentlechen Transport. Et ass allerdëngs esou - an dëst ass mir vu ganz ville Bierger zougedroe ginn -, datt grad am ländleche Raum eng Onmass u Busser ronderëmfuere, déi ganz dacks komplett eidel sinn.

Et muss een an deem Kontext jo och bedenken, datt d'Busser jo awer e relativ héijen CO<sub>2</sub>-Ausstouss hunn an dëst jo contrarie zu den Ustrengungen ass, den CO<sub>2</sub>-Ausstouss ze reduzéieren.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass d'Regierung sech der Problematik bewosst, datt grad am ländleche Raum eng Onmass u Busser ganz dacks eidel duerch d'Géigend fuere a soumat onnéideg CO<sub>2</sub> ausstoussen?

2. Huet d'Regierung bis dato Donnéeën respektiv Statistiken, wéi vill vun de Busser, besonnesch am ländleche Raum, eidel duerch d'Géigend fuere? Wa jo, wéi vill vun deene Bussen transportéieren an der Majoritéit vun de Faarte guer keng Persounen, respektiv - opgeschlësselt no der Unzuel vun de Fuergäscht - just eng bis fënnef Persounen?

3. Huet d'Regierung bis dato eng Ënnersichung an/oder eng Ëmfro duerchgefouert, ob duerch d'Reform vum RGTR-Netz elo méi Bierger - opgeschlësselt no de jeeweilige Regiounen - op den Ëffentlechen Transport zeréckgräifen? Wa jo, wat sinn d'Erkenntnisser vun där Ënnersichung an/oder Ëmfro? A wéi enge Regiounen huet sech an deem Kontext näischt zum Positive geännert, wat d'Unzuel vun den zefriddene Leit, déi op d'RGTR-Netz zeréckgräifen, ugeet?

4. Wann nee, gedenkt d'Regierung, esou eng Ënnersichung an/oder Ëmfro ze lancéieren, fir esou besser op Defiziter reagéieren ze kënnen?

**Réponse** (18.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. Als zoustänneg Minister sinn ech mer bewosst, dass am ländlechen Raum eng Rei Bussen net gutt besat sinn. Et muss ee sech allerdëngs verschiddene Facteure bewosst sinn: D'Reorganisatioun an d'Offer vum Réseau baséiert op de Studien an Zielungen, déi am Virfeld gemaach goufen, souwéi och op de Collaboratiounen aus de Biergerversammlungen an den Avisa vum de Gemengen zum neie Réseau. De Réseau spigelt also d'Bedürfnisser an d'Revendicatiounen vun der Bevëlkerung erëm.

Déi sanitär Situatioun hat en negativen Afloss op d'Benotzung vum Ëffentlechen Transport, grad am ländleche Raum.

Aus betriibleche Grënn ass et oft méi sënnvoll, ee Bus als offiziell Course fuere ze loossen, d. h., dass also Leit kënnen eran- an erausklammen, och wann d'Demande um Retour net esou grouss ass. D'Alternativ wier, de Bus eidel (ouni datt en am Haire steet) op säin nächsten Depart fuere ze loossen, wat déi nammlecht Käschten an den nammlechten CO<sub>2</sub>-Ausstouss mat sech bréngt, awer keng Plus-value fir de potentiellen Notzer vum Ëffentlechen Transport.

Et sief och ze bemerken, dass geschwënn 50 % vum Réseau elektresch gefuer ginn an deemno den CO<sub>2</sub>-Ausstouss staark reduzéiert gëtt.

ad 2. Säit der Aféierung vum neien RGTR-Réseau, déi jo an Etappe gemaach gëtt, hu meng Servicer nach keng komplett Zielunge gemaach, déi representativ kéinte sinn. Esoubal den neien RGTR-Réseau och tatsächlech ganz ëmgesat ass (de 17. Juli 2022), wäerten déi éischt detailléiert Zielungen an Auswäertungen ugoen.

Aus Erfahrung muss eng nei respektiv eng reorganiséiert Linn weinstens eng Period vun zwolef Méint fuere, fir kënnen eng objektiv Ausso ze maachen, ob d'Offer der Demande entsprécht oder net.

ad 3. Nee. Duerch de selwechte Grond mécht et de Moment och nach kee Sënn, eng Ëmfro ze maachen.

ad 4. Eng Auswäertung oder Ëmfro kann een eréischt maachen, esoubal de kompletten RGTR-Réseau ëmgesat ass. Sollt sech bei dëser Analys erausstellen, dass d'Bussen deelweis net gutt besat sinn, muss d'Offer, wann néideg, ugepasst ginn.

**Question 5858** (03.03.2022) de **Mme Jessie Thill** et **M. François Benoy** (*déi gréng*) concernant la **fin de validité des dispositions transitoires du Pacte Logement en matière de PAP/PAG** :

L'article 14 de la loi du 30 juillet 2021 relative au Pacte Logement avec les communes en vue d'augmenter l'offre de logements abordables a introduit des dispositions transitoires quant aux règles s'appliquant aux plans d'aménagement particulier « nouveau quartier » (PAP-NQ) dont la procédure d'adoption fut entamée dans les six mois suivant la publication de la loi susmentionnée, c'est-à-dire où le collège échevinal fut saisi jusqu'au 18 février 2022.

Dans ce contexte, le Ministère de l'Intérieur a également publié une circulaire sur la mise en œuvre du nouvel article 29bis (Circulaire 4107 du 11 février 2022) mentionnant que si un PAP-NQ introduit durant la période transitoire devait connaître « une modification à tel point substantielle qu'il est assimilable à un PAP-NQ entièrement refondu, voire un nouveau PAP-NQ, les dispositions du nouvel article 29bis ont vocation à s'appliquer ».

Dans ce contexte, nous voudrions avoir les renseignements suivants de la part de Madame la Ministre de l'Intérieur :

1) Combien de demandes de PAP-NQ furent mis en procédure pendant les deux derniers mois de la période transitoire, c'est-à-dire depuis le 18 décembre 2021 ?

2) Combien d'unités de logements ces PAP contiennent-ils au total ? Combien de ces PAP contiennent entre 5 et 9 unités, combien contiennent entre 10 et 25 unités et combien contiennent plus de 25 unités ?

3) Combien de communes sont concernées par ces demandes et quelle est leur répartition géographique ?4) Est-ce que Madame la Ministre peut fournir davantage d'informations quant à la définition d'une modification « à tel point substantielle d'un PAP-NQ qu'il est assimilable à un PAP-NQ entièrement refondu, voire à un nouveau PAP-NQ » ? Existe-t-il des critères précis tel qu'un ratio ou degré de modification de la surface totale du PAP-NQ assimilable à un PAP « entièrement refondu » voire « nouveau » ?

**Réponse** (23.03.2022) de **Mme Taina Bofferdig**, *Ministre de l'Intérieur* :

Entre le 18 décembre 2021 et le 18 février 2022, la cellule d'évaluation a été saisie de 50 projets d'aménagement particulier « nouveau quartier » (PAP-NQ). Le Ministère de l'Intérieur ne dispose à l'heure actuelle pas encore d'un relevé complet des PAP-NQ introduits en procédure pendant cette période, étant donné que la cellule d'évaluation n'a pas encore été saisie par l'intégralité des PAP-NQ introduits auprès des communes avant le 18 février 2022.

Pris en leur totalité, les 50 projets prévoient 4.101 unités de logements, qui sont ventilées comme suit :

- 11 PAP-NQ contiennent entre 5 à 9 unités ;
- 15 PAP-NQ contiennent entre 10 à 25 unités ;
- 24 PAP-NQ contiennent plus de 25 unités.

En tout, ces PAP-NQ émanent de 35 communes différentes.

Les 50 PAP-NQ se répartissent géographiquement comme suit :

- Circonscription Centre : 20 ;
- Circonscription Nord : 8 ;
- Circonscription Sud : 9 ;
- Circonscription Est : 13.

Une modification substantielle d'un PAP-NQ est jugée assimilable à un PAP-NQ entièrement refondu lorsque ce dernier connaît une modification conséquente tant de la configuration des infrastructures de viabilisation que de l'aménagement et de la construction des terrains à bâtir nets y projetés.





En vue d'assister les acteurs concernés par l'appréciation du caractère substantiel d'une modification d'un PAP-NQ, les services compétents du Ministère de l'Intérieur se tiennent à disposition des communes, alors qu'il s'agit notamment d'une appréciation devant être effectuée au cas par cas.

**Question 5860** (03.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant les **blocages des médias russes RT et Sputnik** :

Am Kader vun der Ukrainkris hu POST an d'SES d'Ausstralung vun de russeschen Televisiounschainë Russia Today a Sputnik gestoppt. Och d'EU-Kommission schafft op eng Zensur hin, déi a sämtleche Memberstaate soll gëllen. E Schratt, dee vu „Reporter ohne Grenzen“ staark kritiséiert gëtt. Déi zoustänneg EU-Kommissärin Věra Jourová gëtt am „Tageblatt“ vum 3. Mäerz mat de Wieder zitéiert, kee „Wahrheitsministerium“ a keng Zensur wëllen anzeféieren. Dës Decisioun géint RT a Sputnik schéngt géint den Artikel 24 vun der aktueller Lëtzebuurger Verfassung ze verstoussen: « La liberté de manifester ses opinions par la parole en toutes matières, et la liberté de presse sont garanties, sauf la répression des délits commis à l'occasion de l'exercice de ces libertés. La censure ne pourra jamais être établie. »

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Op wéi enger rechtlecher Basis berout dat nationaalt Virgoe vun der Regierung géint RT a Sputnik? Kann d'Regierung matdeelen, wéi d'Decisioun vu POST als éffentleche Betrib sech no hirer Opfaassung mat dem Artikel 24 vun eiser Verfassung verdréit? Gouf dës Decisioun am Virfeld op hir verfassungsméisseg Kompatibilitéit gepréift?

2. Kann d'Regierung matdeelen, wéi si op d'Kritik vu „Reporter ohne Grenzen“ an dësem Kontext reagéiert? Gesäit si net och d'Gefor, datt dëse Schratt zu der Aféierung vun engem „Wouerechtsmonopol“ ka féieren (eng Zort „Wahrheitsministerium“, wéi am Roman 1984 ugeduecht), also enger Ofschafung vun der fräier politescher Diskussioun zugonschte vun enger éffentlech diktéierter oder dirigéierter, virgefaerderger Eenheetsmeenung? Bekennt d'Regierung sech nach zu Mediepluralismus a Meenungspluralismus?

3. Kann d'Regierung erklären, firwat si de Lëtzebuerger Bierger et net selwer iwwerléisst, fir kritesch mat ënnerschiddlechen Duerstellungen ëmzegoen a sech aus deene verschiddene Siichtweisen op d'Ukrainkris eng eege Meenung ze bilden? Kann d'Regierung elaboréieren, ob a wéi wäit si hei eng Gefor fir déi fräi politesch Diskussioun an d'Meenungsfreiheet hei am Land allgemeng gesäit?

**Réponse commune** (01.04.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Communications et des Médias*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

D'Europäesch Unioun huet den 2. Mäerz 2022 sougenannt restriktiv Moosnamen agefouert als Äntwert op déi onprovoziéiert an ongerechtfertegt militäresch Aggressioun vu Russland géint d'Ukrain. Duerch dës dréngend Moosnamen huet d'EU d'Diffusiounsaktivitéite vu Sputnik an RT/Russia Today (RT English, RT UK, RT Germany, RT France, an RT Spuenesch) an der EU suspendéiert, bis d'Aggressioun géint d'Ukrain en Enn fënn.

Déi betreffen Organer sinn Deel vun enger konzerzéierter a breet ugeluechter Campagne vun Informationsmanipulatioun an Desinformatioun, mam klore Zil, d'Europäesch Unioun ze destabiliséieren. Si gi vum russesche Staatsapparat kontrolléiert a stelle keng redaktionell onofhängeg Medien duer.

Et handelt sech ëm aussergewöhnlech, cibléiert an temporär Moosnamen am Kader vu Wirtschaftssanktiounen, déi an engem ganz spezifischen an eemolege Kontext geholl gi sinn. D'EU huet esou eng Sanktiounen nach ni virdru benotzt an et wier ze hoffen, datt se an Zukunft net méi misste gebraucht ginn.

**Question 5866** (04.03.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant le **projet « Digital Skills »** :

Am PRR (Plan pour la reprise et la résilience) vun 2021 huet d'Regierung de Projet „Digital Skills“ virgestallt, ee Projet, bei deem all Persoun, déi tëscht dem 1. Januar 2021 an dem 31. Mäerz 2021 am Chômage partiel war, ee Bong vu 500 € krutt, fir digital Weiderbildungscoursen. Dofir kruten déi Betreffen ee Brëif mat engem Code, mat deem se sech iwwert Guichet.lu Coursen eraussiche konnten. Et soll hei drëms goen, dass dës Persounen kënne „compétences numériques de base“ erlëieren. Dës Course sollte bis Dezember 2021 ofgeschloss ginn. Laut PRR si 40.000 där Bréiwer erausgoen. D'Regierung huet sech als Zil gesat, dass 11.700 Persounen vun dëser Mesure profitéieren géifen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Aarbecht dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen hu Gebrauch vun dësem Bong gemaach?

2. Laut PRR si Persounen, déi matgemaach hunn, och no hire sozio-ekonomesche Krittäre gefrot ginn, ewéi hiren Alter, Wunnuert, Aarbechtssektor a Salaire.

Kann de Ministère d'Resultater vun dësem Questionnaire virleeën?

Wat fir Konklusiounen zitt de Minister aus dem Profil, deem sech bei dësem Questionnaire erginn huet?

3. Wat fir „compétences numériques de base“ hunn d'Persounen, déi vun dëser Offer profitéiert hunn, sech ugëeegent? Wat war hei déi Kompetenz, déi un déi meeschte Persounen vermëttelt gouf?

4. Wat war de schlussendleche Käschtepunkt fir dëse Projet?

**Réponse** (25.03.2022) de **M. Georges Engel**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire* :

ad 1. D'Zil vum Bong war et, fir all Salarié dee vun der Kuerzaarbecht betraff war, am Laf vum Joer 2021 Zougang zu enger digitaler Formatioun ze ermëglichen. Ofhängeg vu sengen digitale Kenntnisser, konnt den Employé tëscht enger Basis- oder enger op sengem Wëssen opbauender Formatioun wielen, dëst mam Zil fir dem Mataarbechter den digitalen Iwwergang méi no ze bréngen. Cibléiert vum Projet war all Salarié, deem tëscht dem 1. Januar an dem 31. Mäerz 2021 a Kuerzaarbecht war. Den Zuele vun der ADEM no, waren 30.530 Persounen berechtegt fir Gebrauch vun engem Bong ze maachen. All Eenzele krut e personaliséierte Brëif mat engem OTP Code (One-Time Password) fir hire Bong ze aktivéieren. 546 Persounen hunn sech iwwert dëse Wee fir eng Formatioun ugemellt.

ad 2. D'Informatiounen, déi erhuewe goufen, sinn d'Zivilitéit, d'Nationalitéit, den Alter, de Bildungsniveau an den Aktivitéitssektor. Bedéngt duerch déi limitéiert Unzuel vun de Participanten, ass den Echantillon allerdéngs ze kleng fir aussokräfteg Conclusiounen fir déi jeeweileg Kategorien ze zéien.

a) Zivilitéit

Mat 53 % si knapp iwwer d'Halschecht vun de Salariéen, déi un dëser Sensibiliséierungsaktioun deelgeholl hunn, Fraen.

(*Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

b) Nationalitéit

Den héchste Participatiounstaux hunn d'Salariéen aus den Nopeschlänner, spréch Frankräich, der Belsch an Däitschland. Dëst ënnersträicht den international- a multikulturelle Charakter vum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

c) Alter vun de Participanten

D'Majoritéit, déi um Projet deelgeholl huet, spigelt mat 53,3 % d'Alterstranche tëschent 20 a 39 Joer zeréck.

(*Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

d) Bildungsniveau

Mat 39,2 % waren et virun allem déi héichqualifiéiert Salariéen (Doktorat, Master, Bachelor) déi vum Projet profitéiert hunn, duerno d'Kategorie vun den Niddregqualifiéierten.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

e) Aktivitéitssektor

Mat bal 25 % huet den Horeca-Sektor am meeschte vum Dispositif „Digital Skills“ Gebrauch gemaach.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

ad 3. Dëst si Basiskompetenzen, déi nom Referenzkader vum Conseil vun der Europäescher Unioun definéiert sinn: Informatioun, Kommunikatioun, Inthaltkreatioun, Sécherheet a Problemléisung.

Sämtlech e-learning-Formatiounen goufe vun agreéierten Instituter, déi vum Educatiounsministère als solch guttgeheescht gi sinn, ugebueden.

Bedéngt duerch de Formatiounstyp „e-learning“, war et dem Salarié méiglech op Distanz un der gewielter Formatioun Deel ze huelen.

D'Formatiounen missten op d'mannst eng vun de follgenden thematesche Kategorien ofdecken:

- Informatioun: Informatiounen sichen, regroupéieren, anuerdnen, analyséieren a klassifizéieren;

- Kommunikatioun: Benotzung vun elektronesche Kommunikatiounskanäl, Deelee vun Informatiounen an Inhalter, Zesummenaarbecht duerch digital Outilen, Vereinfachung vun Interaktiounen mat anere Benotzergruppen oder Fuerderung vun interkultureller Sensibilitéit;

- Inthaltkreatioun: digital Inhalter erstellen an ëmännern (Texter, Illustratiounen, Fotoen, Videoen asw.);

- Sécherheet: Privatsphär, Donnéeën an Identitéit schützen, Sécherheetsmoosnamen ëmsetzen, fir e securiséiert IT-Ëmfeld ze kreéieren;

- Problemléisung: digital Outilen effizient a kreativ benotzen, fir Problemer ze léisen.

(*Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

ad 4. Déi provisoresch Gesammtausgabe belafen sech op 130.847,23 EUR. Nach net all Rechnung gouf receptionnéiert. Dëse Chiffer enthält d'Formatiounskäschten, souwéi d'Ausgabe fir eng Sensibiliséierungscampagne.

**Question 5867** (04.03.2022) de **MM. Laurent Mosar** et **Serge Wilmes** (*CSV*) concernant la **suspension de la chaîne « Russia Today »** :

Als Reaktioun op déi russesch Invasioun vun der Ukrain hunn déi europäesch Staaten zesumme mat hire westlechen Alliierten eng ganz Panoplie u Sanktiounen géint Russland beschloss, dorënner och en Ausstralungsverbuut vum russesche Sender Russia Today. Dës Sanktioun ass domadder begrënnt, dass Russia Today a Vergaangenheet duerch eng pro-Kreml Berichterstattung opgefall ass an d'Grenz zur Propaganda oft iwwerschratt ginn ass. Wann ee Russia Today elo op POST TV opruffe wëll, gëtt een informéiert, dass dat opgrond vun enger Decisioun vun der Europäescher Kommission net méiglech ass an de méi geneeë Kontext am Zesummenhang mam Krich an der Ukrain gëtt een net gewuer. Aus der Perspektiv vum Konsument vu POST TV gëtt een also just gewuer, dass d'Europäesch Kommissioun d'Iwwerdroung vum Sender verbueden huet an net, dass et sech heibäi ëm en héchst problemateschen a Kreml-noe russesche Sender handelt.

An dësem Kontext géife mir gär follgend Froen un den Här Kommunikatiouns- a Medieminister stellen:

- Ass sech d'Regierung bewosst, dass d'Clientë vu POST TV net iwwert de méi geneeë Kontext vum Ausstralungsverbuut vu Russia Toda informéiert ginn?

- Gedenkt d'Regierung, eppes dogéint ze ënnerrhuelen?

**Réponse commune** (08.04.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias*, et de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie* :

Op Nofro hi weist POST Lëtzebuerg dorobber hin, dass se hir Clienten am Kanal 171 informéiert, dass se de Sender RT - Russia Today“ aus der Offer u Programmen op POST TV rausgeholl huet.

(*Capture d'écran à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

An deem Programmhiweis gëtt erkläert, datt déi Mesure, fir de Sender net méi op POST TV ze diffundéieren, op enger Decisioun vun der Europäescher Kommissioun baséiert an no Récksprouch mat den zoustännegen nationalen Autoritéite geholl gouf. Domadder sinn d'Clientë vu POST TV transparent an ausféierlech informéiert.

**Question 5869** (04.03.2022) de **Mme Simone Asselborn-Bintz** et **M. Dan Kersch** (*LSAP*) concernant le **recouvrement de pensions alimentaires** :

All Joer ginn zu Lëtzebuerg eng ganz Rei u Scheedunge gesprach, déi iwwert d'Joren ëmmer méi zouhuelen. Ganz dacks ginn do och sougenannte „pensions alimentaires“ vun de Geriichter festgeluecht, respektiv am géigesäitegen Averstännis ausgehandelt, mat deenen de Partner, bei deem d'Kanner net haaptsächlech liewen, sech um Ënnerhalt an un de Käschte vun der Kannererzéiung bedeelegt, an dat am Interêt vum Kand oder de Kanner.

An de meeschte Fäll klappt dat ganz gutt. A ville Fäll awer ginn déi festgehalen Zommen net, nëmmen deelweis oder mat vill Verspéidung iwwerwisen; wat déi betraffe Beneficiairen a ganz prekär Situatiounen ka féieren. Ausserdeem mussen déi

Betreffen dacks deier an ermiddend Prozeduren op de Geriichter iwwer sech ergoe loossen, bis se zu hirem an hire Kanner hirem Recht kommen.

A Frankräich funktionéiert zanter dem 1. Mäerz 2022 e System, wou d'ARIPA (Agence de recouvrement et d'intermédiation des pensions alimentaires) automatesch Intermediaire ass beim Ausbezuere vun enger Pension alimentaire am Interêt vum Kand - ausser déi zwee Partner hu virdrun decidéiert, dass si et anescht wëllen handhaben. Falls net bezuelt gëtt, dreift d'ARIPA d'Suen och bei deem an, dee se schëlleg ass.

Et ass gewosst, dass dës Prozedur zwar eng zousätzlech administrativ Charge fir d'Verwaltung bedeit, anerersäits awer e grouss Virdeel fir déi Betreffen ass an a ville Fäll och zu engem bessere Verständnis tëscht den Expartner bäidréit, wat dann net zulescht de gemeinsame Kanner zeguttkënn.

Zu Lëtzebuerg gesäit déi sougenannte Palim-Legislatioun<sup>12</sup> vir, dass de Fonds national de solidarité déi onbezuelt Pensions alimentaires kann iwwerhuelen a beim Debiteur andreiwen - awer nëmmen, wann een als Elterendeel, deem d'Pension alimentaire zougesprach krut, all d'Voies de recours epuiséiert huet an an enger ekonomesch schwiereger Situatioun ass. Dëst bedeit fir déi Betreffen dacks e groussen Opwand a laang an zäitopwändeg bürokratesch Prozeduren, während deene keen Ënnerhalt bezuelt gëtt an déi d'Bezéiung tëscht de getrennten Eltere staark belaauchten.

1. An deem Kontext wollte mer déi zwou Damme Ministeschen, d'Madamm Familljeministeschen an d'Madamm Justizministeschen, froen, ob si sech kéinte virstellen, hei zu Lëtzebuerg eng identesch Prozedur anzeféiere wéi déi a Frankräich - eng Prozedur, bei där net mussen all gerichtlich Weeër ausgeschöpft sinn a keng Konditiounen gëllen, wat déi ekonomesch Situatioun vum Demandeur ugeet.

2. Ausserdeem wollte mir froen, ob et Statistike gëtt, déi engersäits feststellen, wéi héich d'Pension alimentaire am Duerchschnëtt fir ee Kand ass an anerersäits, wat d'Geriichter als minimal a maximal Zomme festhalen.

**Réponse commune** (06.04.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*, et de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1. D'Avancen op eng „pension alimentaire“, déi opgrond vum modifizéierte Gesetz vum 26 Juli 1980 iwwert „d'avances et le recouvrement de pensions alimentaires“ ausbezuelt ginn, sollen et deene Leit ermëglichen, eng finanziell Hëllef ze kréien, déi all gerichtlich Weeër ausgeschöpft hunn. Dës Prozedur ass net geduecht, fir eng juristesche Prozedur ze ersetzen, et ass eng komplementar Prozedur.

Am Moment ass et net virgesinn, dës Legislatioun ze änneren.

ad 2. D'Regierung huet keng Statistiken iwwert d'Zomme vun de „pensions alimentaires“.

Et kënn seele vir, dass eng „pension alimentaire“ ouni aner Demandé viru Geriicht gefrot gëtt. D'„pensions alimentaires“ gi meeschtens als accessoire Demande bei enger Scheedung oder der Fixatioun vun der Residenz vum Kand gefrot. Dowéinst ass et net méiglech, d'Unzuel vun de gesprachene „pensions alimentaires“ oder hir Héicht exakt statistesch ze ervaassen.

D'Héicht vun de „pensions alimentaires“ variéiert jee no der Unzuel vun de Kanner, hire Besoinen an der finanzieller Capacitéit vun den Elteren, zum Ënnerhalt an der Erzéiung vum Kand bäizesteieren, a gëtt dowéinst an all Fall individuell ugepasst.

D'Stater Bezierrksgeriicht schwätzt am Duerchschnëtt „pensions alimentaires“ an enger Héicht tëscht 250 a 300 Euro. Déi klengste „pension alimentaire“, déi gesprach gouf, war zéng Euro an huet e peruanesche Papp vun dräi Kanner betraff, deem nëmme weëneg a Peru verdéngt huet. Déi héchste „pension alimentaire“, déi vum Stater Bezierrksgeriicht gesprach gouf, war 1.500 Euro.

**Question 5871** (04.03.2022) de **M. Charles Margue** (*déi gréng*) concernant les **actifs du FDC en Russie** :

Les sanctions financières prises contre la Russie en réaction à la guerre menée contre l'Ukraine depuis le 24 février, notamment son exclusion du système bancaire mondialisé Swift ainsi que les sanctions contre certaines firmes et individus, impactent aussi les actifs du Fonds de compensation luxembourgeois (FDC). Selon des chiffres circulant dans la presse, l'exposition du FDC serait relativement limitée, à savoir environ 40 millions d'euros, soit 0,18 % du volume total.

<sup>12</sup> Loi modifiée du 26 juillet 1980 concernant l'avance et le recouvrement de pensions alimentaires par le Fonds national de solidarité / Règlement grand-ducal du 2 décembre 1983 fixant les modalités d'application de la loi du 26 juillet 1980 concernant l'avance et le recouvrement de pensions alimentaires par le Fonds national de solidarité





Notons que parmi les investissements du FDC dans des entités russes figurent plusieurs entreprises dont les activités principales concernent l'extraction et la production d'énergies fossiles.

Dans ce contexte, je voudrais avoir les renseignements suivants de la part de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis que ce cas de figure illustre parfaitement la nécessité de désinvestir complètement des énergies fossiles à court terme et réorienter les investissements du FDC vers la neutralité carbone ?

2) Comment les actifs du FDC sont-ils impactés par les sanctions financières prises contre la Russie ?

3) Est-ce que le FDC compte se rallier à la politique d'autres fonds souverains, comme celui de la Norvège, et céder l'entièreté de ses avoirs en Russie ?

4) Monsieur le Ministre soutient-il l'ajout des entreprises russes sanctionnées sur la liste d'exclusion du FDC ? Dans l'affirmative, est-il d'avis que ces entreprises devraient être exclues le plus vite possible et donc avant la prochaine revue de la liste d'exclusion programmée pour fin mai ou début juin 2022 ?

**Réponse** (23.03.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1) Le lien de causalité entre la guerre menée par la Russie contre l'Ukraine et les sanctions économiques prononcées et le secteur des énergies fossiles et la neutralité carbone n'est pas donné.

Alors qu'il est vrai que certains producteurs d'énergies fossiles figurent parmi les actifs russes du Fonds de compensation (FDC), le portefeuille russe total du FDC est principalement constitué d'obligations souveraines ainsi que d'actions et d'obligations de sociétés issues d'autres secteurs (p. ex. secteur financier, service des télécommunications, ...).

La législation de gestion de la réserve du régime général de pension prévoit que les placements du FDC doivent respecter les principes d'une diversification appropriée des risques et, qu'à cette fin, les disponibilités doivent être réparties entre différentes catégories de placement ainsi qu'entre plusieurs secteurs économiques et géographiques.

ad 2) En ce qui concerne les sanctions de l'UE, le FDC détient :

- 1 obligation de sociétés sous sanction(s) ;
- 2 actions sous sanction(s).

Ces trois titres sont actuellement estimés de bonne foi avec une valeur résiduelle de zéro, étant donné qu'ils ne peuvent pas être échangés sur le marché.

En ce qui concerne les autres sanctions (sanctions des États-Unis, Royaume-Uni, etc.), le FDC détient :

- 3 obligations de sociétés sous sanction(s) ;
- 9 actions sous sanction(s).

Pareillement, ces douze titres sont également estimés de bonne foi avec une valeur résiduelle de zéro pour les mêmes raisons que celles des trois autres titres.

Au total, les titres sanctionnés représentaient environ 23 % du portefeuille russe total du FDC avant la mise à zéro de leur valeur résiduelle.

En conformité avec ses obligations légales, lesdits titres sanctionnés ont été reportés à la Cellule de renseignement financier du Ministère de la Justice. La Commission de surveillance du secteur financier (CSSF) a aussi été informée. Dans ce contexte, instruction a été donnée par le FDC à ses gérants de portefeuille et à la banque dépositaire de bloquer, respectivement de geler, tous les titres sous sanction(s), comme le négoce sur titres sanctionnés n'est pas autorisé.

ad 3) Le FDC est certainement soumis aux mêmes restrictions de négoce et conditions de marché imposées par les sanctions économiques que le fonds souverain norvégien. Quasi la totalité des actifs russes du FDC ne sont donc pas négociables à l'heure actuelle.

Toutefois, il y a lieu de rendre attentif sur une particularité du mode opératoire du FDC en rappelant que seuls les titres inclus dans les indices de référence retenus par le FDC sont éligibles pour investissement. Ainsi, les fournisseurs d'indices du FDC ont annoncé qu'ils excluront les actions russes de leurs indices de référence.

Au moment où un titre est exclu des indices retenus par le FDC, il devient aussi inéligible pour le FDC et doit donc être vendu dans un certain délai par les gérants de portefeuille concernés, mais seulement si les conditions de négoce et de marché permettent à ce moment aussi une telle vente.

ad 4) La liste d'exclusion du FDC n'est pas un outil de matérialisation de contraintes légales ou réglementaires (anciennes ou nouvellement mises en place) lui applicable, mais un outil de sa politique d'investisseur responsable. Le but de cette liste est d'assurer que ses investissements soient conformes aux normes internationales telles qu'entérinées dans les dix principes du Pacte mondial des Nations Unies couvrant les droits de l'homme, l'environne-

ment, les normes internationales de travail ainsi que la lutte contre la corruption ou impliquées dans des activités liées aux armes controversées.

Dans ce contexte, la liste d'exclusion est périodiquement revue et mise à jour sur base d'un processus systématique en collaboration avec la société néerlandaise Sustainalytics, un prestataire de services externe spécialisé, reconnu et indépendant. Selon ce processus, la prochaine revue de la liste d'exclusion est planifiée pour fin mai/début juin au cours de laquelle le FDC se verra adresser un rapport de Sustainalytics sur toutes les sociétés jugées non conformes aux normes internationales telles qu'entérinées dans les dix principes du Pacte mondial des Nations Unies.

Ni le processus de mise à jour de la liste d'exclusion ni la liste d'exclusion elle-même ne se prêtent comme un outil de gestion d'une situation exceptionnelle que nous vivons actuellement avec l'agression russe contre un pays autonome. Les sanctions économiques prises à l'encontre de la Russie et de certaines sociétés (et certains individus) russes, ayant comme conséquence un blocage de tout négoce des titres correspondants, doivent être considérées prioritairement par tout acteur financier, indépendamment de toute autre adaptation ou de toute volonté de désinvestissement.

**Question 5874** (04.03.2022) de **M. François Benoy** et **Mme Jessie Thill** (*déi gréng*) concernant la **sécurité des installations nucléaires en Ukraine** :

No der Besetzung vun der Evakuationszon an der zerstörter Atomzentral vun Tschernobyl virun enger Woch, hunn ons elo dës Nuecht weider erschreckend Nouvellen zu Kampf ronderëm ukrainesch Atomreakteren erreecht. Bei de Krichshandlung ronderëm d'Atomkraftwierk Saporischschja, dat gréisstent AKW an Europa, kouw et de Medieberichter no och zu Schëss vu Panzer an zu Bommenaschleé op Deeler vun dëser Zentral am Südoste vun der Ukrain. Den offiziellen Informatiounen no, gouf kee vun de 6 Reaktere selwer getraff, mee e Bürosareal an e Labo, wou et zu engem Brand kouw ass. Et wären awer keng Affere bekleen, d'Feier wär an der Tëschenzäit ënner Kontroll, et wär keng radioaktiv Stralung ausgetratt an d'AKW wär elo ofgeschallt.

Souguer wann et sech net sollt ëm eng geziiltten Attack op dës Atomanlag handeln, mee „nëmmen“ ëm e militäresche Feeler, mécht dat d'Situatioun net manner beonrouegend an och net manner geféierlech. Schlisslech erënnert Lëtzebuerg sech nach gutt un déi bis dato schlëmmsten Atomkatastroph am Abrëll 1986 zu Tschernobyl, an déi enorm radiologesch Konsequenze fir ganz Europa. Och en ofgeschalltent AKW bleift nämlech geféierlech. Och ouni Produktioun muss d'Stroum- a Waasserversuergung garantéiert bleiwen, fir d'Killung vun den aktiven a vun den ale Brennstief ze garantéieren, dat heescht souwuel vum Reaktorkär, wéi och vun den Ofkléngbecke mat den ale Brennstief, déi bautechnesch dacks manner gutt ofgeséchert sinn.

Dëse Virfall weist ganz däitlech, datt ee bei Atomanlagen uechtert d'Welt och ëmmer den direkte militäresche Risiko muss mat abezéien. Grad den Zenario vun enger militärescher Bedroung gëtt awer an den offizielle Risikoanalyse beim Bau vun AKW meeschtens ignoréiert. An esouguer wann dësen Zenario gekuckt gouf, sinn d'Conclusiounen an der Reegel - wéi a Frankräich - als „secret défense“ agestuift, also streng geheim. D'Attack op déi gréissten Atomzentral an Europa beweist elo méi wéi däitlech, datt a Krichszäiten d'Atomreakteren nach méi e grouse Problem sinn, an déi souwisoou schonn dramatesch Auswierkung vum Krich am schlëmmste Fall nach kéinten europawäit multiplizéieren.

An dësem Zesummenhang wëllt mir gäre follgend Informatioun vum Här Kommunikatiouns- a Medie-minister kréien:

1. Wéi konkreet ass d'Gefor? Sinn d'Stroum- an d'Waasserversuergung vum AKW Saporischschja weiderhi garantéiert?

2. Handelt et sech bei de 6 Reaktere vum AKW Saporischschja ëm en änlechen Anlagentyp wéi dee vun Tschernobyl?

3. Gëtt et an dëser Zentral och e Lager fir radioaktiv Offäll? An vill radioaktivt Material wéi Brennstief (inklusive déi an den Ofkléngbecken) a radioaktiv Offäll befanne sech momentan an dëser Zentral?

4. Wéi eng ukrainesch Reakteren an eventuell aner Atomanlage sinn nach a Betrib a goufen et do eventuell och schonn änlech Virfäll?

5. Gëtt et am Krichsfall laut internationalem Recht besonnesch Obligatiounen fir d'Konfliktparteien, wat Atomanlage wéi Reakteren an End- oder Zwëschelager fir radioaktiv Offäll ueget ? A wa jo, wéi kann ee sécherstellen, datt d'Konfliktparteien déi och anhalen?

6. Wat gëtt op EU an op internationalem Niveau ënnerholl, fir d'Sécherheet vun dësen Anlagen ze garantéieren? Kritt d'Ukrain Stroum aus den EU-Nopeschlänner? Wéi eng offiziell Befugnisser oder Méiglechkeeten huet an dësem Kontext d'International Atomenergiebehörd (IAEA)?

**Réponse commune** (11.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1. Déi ukrainesch Autoritéit fir Atomopsiicht setzt trotz de schwieregen aktuelle Konditiounen eng exemplaresch gutt Informatiounspolitik ëm, andeem se ganz reegelméisseg d'international Communautéit iwwert den Informatiounsreseau vun der IAEA informéiert. Dëst hëlleft enorm, fir d'Geforelag anzeschätzen. Der Regierung hir Informatiounen zu dem Sujet baséieren op deene Rapporten.

Deenen Informatiounen no, gëtt et de Moment am Fall vun der Zentral vu Saporischschja eng Rei vun Elementer, déi sech negativ op d'Sécherheet vun dëse 6 Reakteren auswirken. Et ass sou, datt déi ukrainesch Equipagen, déi d'Anlag bedreiwen, dëst net ënner normale Konditiounen kënnen maachen. Déi Equippen, déi um Site sinn, müssen um Site bleiwen a kënnen net wéi üblech rotéieren. Hir Méiglechkeeten no baussen ze kommunizéieren si beschränkt a si hu keen Zougang zu Material vu bausse wat se eventuell géife brauchen. A sou enger aussergewöhnlecher Situatioun besteet dofir och en erhéicht Risiko vu mënschleche Feeler.

Fir e méiglechen Accident ze verhënneren, muss séchergestallt ginn, datt souwuel déi 6 Reakteren, wéi och déi Installatioun, wou déi ofgebrannte Brennelementer lagere, gekillt ginn. D'Stroum- an d'Waasserversuergung ass dofir essentiell.

D'Waasserversuergung schéngt momentan assuréiert, allerdéngs ass d'Stroumversuergung méi fragill. Laut Informatiounen vun den ukraineschen Autoritéite wier just nach eng Héichspannungsleitung intakt, déi de Site mat Stroum ka versuerge. Zweek Reaktere liwweren de Moment och Stroum. Sollten déi Reakteren an och déi extern Stroumversuergung ausfalen, wiere just nach d'Noutfalldieselen, déi de Reakter kënnen an engem séchere Modus halen. Hei wier et dann awer wichteg, de Site och mat Diesel ze versuerge.

Wat déi militäresch Attacke betrëfft, schwätzen d'ukrainesch Autoritéite vu grësserem Schued an engem Verwaltungsgebai an och an enger Galerie déi den Zougang zum Reakter 1 assuréiert. Sécherheetstechnesch relevant Installatiounen schéngen awer nach intakt ze sinn. Beispillsweis fonctiounéiert och de Miessreseau fir Radioaktivitéit nach.

ad 2. Et handelt sech hei ëm Drockwaasserreaktere vu russeschem Bautyp, wéi och op deenen aneren 3 Sitten an der Ukrain. Am Géigesaz dozou war de Reakter vun Tchernobyl ee Graphit-Reakter.

ad 3. Um Site vun dëser Zentral gëtt et zënter 2001 eng Installatioun fir de Stockage vun ofgebrannte Brennelementer. Dëst ass ee sougenannten „dry-storage“, deen net méi muss aktiv gekillt ginn. Laut Aussoe vun der ukrainescher Autoritéit schwätze mer hei vun der Quantitéit un Offall, deen an engem Zäitraum vun 20 Joer ugefall ass. All Reakter huet och en Ofkléngbecken, wou d'Brennelementer 3-7 Joer bleiwen. Donieft gëtt et och verschidden Anlagen um Site fir d'Gestioun vun deenen anere radioaktiven Offäll.

ad 4. Et gëtt an der Ukrain nach 3 aner Atomzentralen, Rivne zu Varash mat 4 Reakteren, Khmelnytski zu Netishyn mat 2 Reakteren a Süd-Ukrain zu Yuzhnoukraiinsk mat 3 Reakteren. Op dëse Sitte gouf et den aktuellen Informatiounen no nach keng Virfäll am Zesummenhang mam Krich.

Zu Tchernobyl sinn d'Reakteren tëscht 1986 an 2001 alleguer vum Netz geholl ginn a si lo am Réckbau. Fir den havariéierte Reakter Nummer 4 gouf eng Schutzhüll gebaut. Duerch de Réckbau gëtt et op dësem Site och Anlage fir d'Gestioun vu radioaktivem Offall. Den aktuellen Informatiounen no hält d'russesch Arméi dëse Site zënter dem 24. Februar besat an hir Truppe sinn an der „zone d'exclusion“ rassembleiert. Wéi den 9. Mäerz gemellt gouf, gëtt et mëttlerweil vusäite vun der IAEA och keen Zougang méi zu den lwwerwaachungsdate vun der Atomzentral.

De 6. Mäerz war eng nuklear Anlag am Fuerschungszentrum vu Kharkiv ënner Beschoss. Et handelt sech hei ëm eng ënnerkritesch Versuchsanlag, déi als Neutronequell déngt. D'Gebai, wou dës Anlag ass, gouf dobäi beschiedegt a verschidden elektresch Accessoiré sinn zerstéiert ginn. Weiderhin ass och zu Kharkiv eng Sammelstell fir radioaktiv Sourcen. Op dësem Site gouf et verschidde Virfäll iwwert déi lescht Woch. Op béide Sitte konnt awer keen Austrëtt vu Radioaktivitéit enregistreiert ginn.

ad 5. 2009 huet d'Generalkonferenz vun der Internationaler Atomenergie Agence (IAEA) eng Decisioun adoptéiert, datt all Zort vu gewaltsamer Attack op, oder Menace géint eng zivill nuklear Anlag eng Vio-

latioun géint d'Prinzipie vun der UN-Charta, dem internationalen Recht an de Statute vun der IAEA duerstell.

ad 6. De 4. Mäerz 2022 huet Lëtzebuerg op der UNEP-Ëmweltminister Konferenz zu Nairobi, zesumme mat den aneren europäesche Memberstaaten a weidere 16 Länner, d'Attacken op d'Atomzentralen an dat generell Virgoe vu Russland an der Ukrain däitlechst kritiséiert.

Lëtzebuerg huet och um Niveau vun der IAEA eng Deklaratioun gemaach, wou dës Attack op d'Atomzentralen an der Ukrain op dat Schäerfst vuerteelt gëtt an d'IAEA opgefuerdert gëtt, dës nei Dimensioun vun nuklearem Risk iwwert militäresch Attacke mat a Betruecht ze huelen. Dës indiscriminéiert Attacke verdäitlechen nach eemol d'Gefor fir de Mënsch an d'Ëmwelt déi potenziell Schied un Atomkraftwierker duerstellen.

Op europäeschem Niveau ginn de Moment d'Be-méiungen zur Sécherheet vun dësen Anlagen duerch d'ENSREG koordinéiert. Lëtzebuerg gëtt an dësem europäesche Grupp vun den Atomopsichtsbehörden duerch d'Divisioun vun der Radioprotectioun vertrueden. Jeeweils sonndes de 27. Februar a 6. Mäerz hat d'ENSREG Reunionen organiséiert, fir d'Situatioun ze analyséieren a fir do, wou et méiglech ass, selwer aktiv ze ginn. Un dëse Reunionen hunn och Vertrie-der aus der Ukrain a vun der IAEA deelgeholl. Dobäi ënnerstëtzt d'ENSREG ausdrécklech d'Initiativ vum Generaldirekter vun der IAEA vum 4. Mäerz, fir en Arrangement tëscht der Ukrain a Russland auszehandelen, dat et erlaabt d'Sécherheet vun den nuklearen Anlagen ze assuréieren. D'Deklaratiounen vun der ENSREG fuerderen donieft och d'Anhale vun den internationalen Reegelen. Méi dozou fënnt een um Site: <https://www.ensreg.eu/document/ensregstatement-ukraine-6-march-2022-0>.

D'Stroumversuergung ass aktuell nach relativ stabil, allerdéngs stellt sech d'Fro, wéi sech dat an deenen nächsten Deeg a Woche weiterentwéckelt. Um Energieministère gëtt aktuell op zwee Volete geschafft:

Et geet ëm d'Bereetstelle vun Equipement fir d'Stroumversuergung op der Plaz. D'Lëtzeburger Acteure vum Stroumsecteur hu bis ewell Zousoe ginn, fir 10 Noutstroumaggregator bereetstellen. D'Logistik fir den Transport vum Equipement an d'Ukrain gëtt de Moment organiséiert.

Op der anerer Säit gëtt aktuell gepréift, ob den ukrainesche Stroumreseau mam europäesche System kéint connectéiert ginn. Historesch ass et esou, dass de Reseau vun der Ukrain mam russesche Stroumreseau gekoppelt ass, et gëtt awer scho méi laang Pläng, dës Kopplung ze deconnectéieren, an amplaz den ukrainesche System mam europäeschen interconnectéierte Stroumreseau ze verbannen. D'Ukrain huet elo kuerzfristeg eng Demande gestallt, ob hire System mam europäesche System kéint connectéiert ginn.

Den techneschen Defi vun der Kopplung ass, dass nieft der physischer Kopplung mat Leitungen och gewëss Donnéeë musse kommunizéiert a Prozeduren agehale ginn. Et gëtt och e gewëssen ekonomeschen Impakt, well Stroumflëss iwwer d'Interconnectioun natierlech och eng gewësse Valeur hunn, awer dat ass aktuell éischter sekundär. De gréissten Defi ass awer, dass et zu Instabilitéite ka kommen, z. B. doduerch, dass Anlagen an der Ukrain futti gemaach ginn, an esou Instabilitéiten sech och an engem System kënnen propagéieren.

Deem géigeniwwer steet de grouse Virdeel, dass duerch d'Connectioun d'Versuergungssécherheet an der Ukrain substanzuell géif verbessert ginn. Dat wier esouguer dann de Fall, wa kee groussen Echange op deene Leitunge wier, well Schwankungen am System iwwer d'Gréisst vun europäesche System gutt kéinten ofgefiedert ginn. Zousätzlech wier esou eng Mesure natierlech och e politescht Signal.

D'Demande gouf d'lescht Woch op dem extraordinären Energieconseil zu Bréissel diskutéiert, wou sech eisen Energieminister och grondsätzlech fir d'Mesuren agesat huet. De Verband vun deenen europäeschen Netzbedreier mécht elo kuerzfristeg eng Analys vun der Situatioun, fir op där Basis eng Decisioun ze huelen.

**Question 5877** (04.03.2022) de **M. Léon Gloden** (CSV) concernant l'**incendie au Centre pénitentiaire de Schrassig** :

Mëtt Juni 2021 gouf e Feier am Prisong zu Schraasseg gemellt. Ee Prisonéier soll, laut Presseinformatiounen, Feier a senger Zell geluecht hunn.

Gëschter huet et op en Neits zu Schraasseg am Prisong gebrannt. Och an dësem Fall soll ee Prisonéier Feier geluecht hunn.

Aus dësem Grond wëll ech follgend Froen un d'Madamm Justizministesch stellen:

1. Kann d'Madamm Ministesch mer matdeelen, wéi vill där Bränn sech déi lescht fënnef Joren am Prisong zu Schraasseg zougedroen hunn?





2. Kann d'Madamm Ministesch eis d'Ĕmstänn vum rezente Brand erklären?

3. Nom Brand vu Juni 2021 huet et vusäite vun der Prisongsverwaltung geheesch, dass technesch Alternativen zu Briqueten a Sträichhölzer, déi d'Prisonnéier bei sech droen, fir an der Zell ze fëmmen, géifen ënnersicht ginn. Wat huet dës Etüd erginn? Koum et schonn zu techneschen Adaptatiounen? Wa jo, wéi eng?

4. Wat gouf zanter Juni 2021 méi allgemeng um Sécherheitsdispositif vum Prisong zu Schraasseg an aneren zouene Strukture geännert, fir op dës Virfall ze reagéieren?

**Réponse** (31.03.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1. Am Tableau heidrënner ass d'Unzuel vun de Bränn am Prisong zu Schraasseg pro Joer opgeleşcht.

| Joer | Unzuel vun de Bränn |
|------|---------------------|
| 2018 | 0                   |
| 2019 | 0                   |
| 2020 | 2                   |
| 2021 | 6                   |
| 2022 | 1                   |

ad 2. D'Ĕmstänn vum rezente Brand si follgend:

De Gefaangenen ass den 2. März 2022 als Zougang fir eng Prisongsstrof an de Centre pénitentiaire de Luxembourg (CPL) zu Schraasseg op de Bloc Echo komm. Neizougäng kommen am Kader vun der Covidquarantän fir d'éischt op dës Sektoun.

Den 3. März 2022 huet de Gefaangene Feier a senger Zell geluecht, andeems hie seng Matrass ugefaangen huet. Et gouf am Virfeld keng Unzeeche fir dës Dot. Déi normal Prozedur ass agehale ginn, den Här ass virun der Dot vum Dokter souwéi vun der Psychiatrie gesi ginn. Den zoustänneg Psychiater huet der Prisongsverwaltung géigeniwwer och nach eng Kéier bestätegt, datt et guer keng Unzeeche goufen, déi op den Akt hätten hindeite kënnen. De Gefaangenen ass medezinesch ënnersicht ginn a krut seng Medikamenter a seng Substitutioun. Den Accueil vum Service psychosocial et socio-éducatif (SPSE) war zu deem Zäitpunkt nach net gemaach ginn.

De Gefaangene war scho fënnemol am CPL an ass ni weider opgefall. Kuerz éier de Gefaangenen d'Feier geluecht huet, hat hie säi Fernsee futti geschloen.

ad 3. D'Prisongsverwaltung huet d'Fro vun den Zigarettenanzünder analyséiert, notamment am Kontext vun der Renovatioun vum Prisong, a sech iwwert de Reseau Europris iwwert d'Theme Fëmmen a Feier am Prisong informéiert.

Wichteg ass et ze bedenken, dass een och mat engem Zigarettenanzünder e Feier leeë kann. D'Zigarette kann ugefaange ginn a mat der Zigarette kann en zweete Géigestand, wéi zum Beispill Toilettepabeier, ugefaange ginn. Donieft kann een de Pabeier och direkt an den Anzünder stiechen an ufänken. D'Installatioun vun Zigarettenanzünder ergëtt also just Sënn an enger zouener Psychiatrie oder op Plazen, wou d'Persoun während der ganzer Zäit, an där se un hirer Zigarette fëmmt, iwwerwaacht gëtt.

An der forensescher Psychiatrie ass et d'Reegel, datt den Infirmier zu bestëmmten Zäiten dem Patient d'Zigarette ufänkt, waart bis d'Zigarette ausgedréckt ginn ass an dann den Zigarettestomp an den Äschebecher mathëlt. Dëst ass awer am Prisong net de Fall. D'Installatioun vun Zigarettenanzünder ass also keng Moosnam, déi d'Feierleeën definitiv kéint verhënneren.

D'Zellen an de Prisonge si mat spezielle Matrassen, Rideauen a Bettgezei ausgestatt, déi internationale Brandschutznormen a feierfeste Krittären entsprechen.

Et sief och bemierkt, datt d'Zigarettenanzünder, déi an der Reegel net an den Zelle montéiert ginn, mee an den Häff oder definéierte Beräicher, wou d'Fëmmen erlaabt ass, pro Unitéit a mam Montage ronn 2.000 Euro d'Stéck kaschten.

Am Kader vun Ĕmfroen iwwert de Reseau Europris goufen d'Sujete „Fire in Prisons and Smoking in Prisons“ 2018 an 2020 vun anere Prisongsverwaltungen opgegraff, notamment fir ze sondéieren, wéi d'Politik an anere Länner ass. Zesummefaassend kann ee soen, datt et follgend Reegelunge fir zoue Prisonge gëtt:

- Fëmmen ass an der eegener Zell erlaabt. (Bsp.: Frankräich, d'Belsch)
- Fëmmen ass an dofir dediéierten Zellen/Espacen erlaabt. (Bsp.: d'Slowakei, Kroatien)
- Fëmmen ass an de Banneräim vum ganze Prisong verbueden. (Bsp.: Dänemark)
- D'Prisonge si komplett smoke-free. (Bsp.: Schottland, England & Wales)

Aus engem direkten Echange, deen d'Prisongsverwaltung mat der franséischer Administration pénitentiaire an dem SPF Justice aus der Belsch hat, ass ervirgaangen, datt d'Fëmmen an den Zellen, déi als „espace individuel“ ugesi ginn, erlaabt ass. Doriwwer eraus gëtt et weider dediéiert Espacen, an deenen d'Fëmmen erlaabt ass (zum Beispill am Baussenhaff). Op de reguläre Sectioun gehéiere Briqueten a Fixfeier zu den autoriséierte Géigestänn.

An de Prisongen zu Lëtzebuerg dierfen d'Gefaangenen an den Zelle fëmmen, vu datt d'Zellen als de „substitut de domicile“ ugesi gëtt. Am Kader vun der Renovatioun vum CPL ass d'Problematik vun der Briquete an den Zellen amgaangen analyséiert ze ginn.

ad 4. D'Brandsécherheet op der Sectioun G1 gouf verbessert, déi Gainé vun den Zellen, wou et zum Gank hi gebrannt huet, hu missen zougemaach ginn. D'Fënsteren um G1 gi geännert, soudatt se am Fall vu Feier opgemaach kënnen ginn, fir den Damp erauszeloossen. Am Moment ginn déi net op. Et ass och bei der Administration des bâtiments publics ugefrot ginn, fir Daachluken ze installéieren.

Weiderhi si souwéisou d'office eng Rei Sécherheitsdispositiffer en place, fir d'Sécherheet ze assuréieren: d'Sprechanlag an den Zellen, schwéier entflammbar Materialien, Rauchmelder.

Et ginn och Formations continues fir d'Personal uegebueden. Doriwwer eraus ass et esou, datt d'Beamte sensibiliséiert gi sinn, fir beim geréngsten Doute d'Direktioun vun der Prisongsverwaltung doriwwer ze informéieren, wann e Gefaangenen eventuell eppes an déi Richtung ënnerhuele kéint. Och d'Psychiatrie dréit verstärkt zur Sécherheet bäi a verleet de Gefaangene beim geréngsten Doute ënner Vidéosurveillance.

**Question 5878** (04.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant les **combattants irréguliers** :

Déi russesch Regierung huet ugekënnegt, Persoune mat net ukrainescher Nationalitéit, déi sech opsäite vun der ukrainescher Regierung u Kampfhandlung bedeelegen, als irregulär Combattanten ze behandelen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- Huet d'Regierung Kenntnis doriwwer, ob Leit aus Lëtzebuerg sech wëllen u Kampfhandlungen an der Ukrain bedeelegen? Falls jo, wéi gedenkt si, heirop ze reagéieren?

**Réponse commune** (14.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*, de **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

D'Regierung huet momentan keng Kenntnis iwwert Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen an decidéiert hätten, an der Ukrain op der Säit vun den ukraineschen Truppen ze kämpfen.

**Question 5879** (04.03.2022) de **Mme Diane Adehm** (*CSV*) concernant les **paiement des pensions alimentaires** :

La loi de financement de la sécurité sociale pour 2020 a créé en France un nouveau service public d'intermédiation financière des pensions alimentaires opérant suivant le principe suivant :

Le parent débiteur d'une pension alimentaire verse mensuellement le montant de la pension à l'Agence de recouvrement et d'intermédiation des pensions alimentaires (ARIPA), qui se charge ensuite de la reverser au parent créancier.

Tout manquement du parent débiteur à ses obligations fait l'objet de pénalités et entraîne, dès le premier impayé, le recouvrement de la pension par l'ARIPA et le déclenchement d'une allocation de soutien familial à titre d'avance au parent créancier par l'ARIPA (116 € par mois et par enfant) lorsque le parent créancier de la pension alimentaire est un parent isolé et en a fait la demande.

Depuis le 1<sup>er</sup> mars 2022, l'intermédiation financière se met en place de manière automatique.

D'après la loi modifiée du 26 juillet 1980 concernant l'avance et le recouvrement des pensions alimentaires le Fonds national de solidarité se charge de payer sur demande la pension alimentaire, aux conditions e. a. que celle-ci soit fixée par décision judiciaire exécutoire au Luxembourg et que le recouvrement total ou partiel ne puisse être obtenu par voie d'exécution de droit privé effectivement exercée.

C'est ainsi que j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre de la Justice et à Madame le Ministre de la Famille :

1) Alors que les autorités françaises tablaient sur des impayés totaux ou partiels des pensions alimentaires de 30 à 40 %, Mesdames les Ministres peuvent-elles me fournir des informations statistiques sur les impayés en matière de pension alimentaire au Luxembourg ?

2) Combien d'affaires d'abandon de famille ont dû être traitées en justice au cours des cinq dernières années ?

- Comment ces affaires sont de manière générale résolues (médiation pénale, jugement sur accord, etc. ?

- Combien de condamnations du débiteur d'aliments le juge pénal a-t-il été amené à prononcer au cours de cette période ?

3) Mesdames les Ministres ne considèrent-elles pas que le système d'avance et de recouvrement des pensions alimentaires institué par la loi du 26 juillet 1980 est peu protecteur du créancier d'aliments ?

- De l'avis de Mesdames les Ministres, une réforme de cette loi ne s'impose-t-elle pas ?

- Mesdames les Ministres envisagent-elles de s'inspirer du système d'intermédiation financière français pour mieux protéger les créanciers d'aliments ? Dans la négative, quelles en sont les raisons ?

**Réponse commune** (04.03.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*, et de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1) Le Gouvernement ne dispose pas de statistiques sur les impayés en matière de pension alimentaire au Luxembourg.

Pour recouvrir les arriérés de pensions alimentaires, les créanciers peuvent recourir à l'ensemble des voies d'exécution judiciaires et extrajudiciaires à leur disposition.

En ce qui concerne les procédures d'exécution judiciaire, il n'est pas possible de distinguer les affaires suivant la nature de la créance. Partant le Gouvernement n'est pas non plus en mesure de fournir des statistiques sur le recouvrement des impayées en matière de pension alimentaire.

ad 2) Entre 2017 et 2021, 318 nouvelles affaires d'abandon de famille ont été enregistrées.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

Entre 2017 et 2021, 207 affaires d'abandon de famille ont été classées sans suites, 1 personne a été acquittée et 95 personnes ont été condamnées. Dans 2 affaires, il y a eu recours à la médiation pénale. Aucun jugement sur accord n'a été prononcé en matière d'abandon de famille dans cette même période.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

ad 3) Les avances sur pensions alimentaires versées en vertu de la loi modifiée du 26 juillet 1980 relative aux avances et au recouvrement de pensions alimentaires sont destinées à aider financièrement les personnes qui ont épuisé, sans succès, tous les moyens judiciaires. Cette procédure est complémentaire à la procédure judiciaire, mais elle ne la remplace pas. À l'heure actuelle, une révision de la loi en question n'est pas à l'ordre du jour.

**Question 5884** (07.03.2022) de **M. Laurent Mosar** et **Mme Diane Adehm** (*CSV*) concernant les **aides à la presse** :

Rezent koum et weinst der russescher Invasioun an der Ukrain zu engem europawäiten Ausstrahlungsverbuert vum russesche Sender „Russia Today“. Dat, well d'Grenz vun objektiver Berichterstattung zu ideologesch gesteierter pro-russescher Propaganda oft iwwerschrott ginn ass.

Eng änlech gelagert Berichterstattung, mat klore Zich vu geziilter Desinformatioun, fällt engem och an der Mediellandschaft zu Lëtzebuerg op, wann een sech déi lescht Editioun vum enger bestëmmter Lëtzebuerger Dageszeitung ukuckt.

Villen Observateure schéngt hei déi breet opgestallt inhaltlech Ausrichtung, déi noutwendeg ass, fir an de Genoss vu Pressehëllef zu Lëtzebuerg ze kommen, net méi ginn ze sinn.

An dësem Kontext géife mir gär follgend Froen un den Här Kommunikatiouns- a Medieminister stellen:

1. Ass sech den Här Minister bewusst, datt eng bestëmmt Lëtzebuerger Dageszeitung an hire Bättrëg zum russeschen Ugrëffskrich géint d'Ukrain sech kloer a Richtung vu pro-russescher Propaganda beweegt?

2. Kann den Här Minister eis informéieren, wéi vill déi genannten Zeitung u Pressehëllef kritt?

3. Ass den Här Minister net der Meenung, datt ee bei Publikatiounen, déi elo nach Russland als Aggressor ënnerstëtzen, d'Pressehëllefgesetz misst applizéieren an entsprechend d'Pressehëllef kieren oder sträichen? Wa jo, vu wéini un? Wann nee, firwat net?

**Réponse** (31.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias* :

ad 1. Et ass net um Minister fir Kommunikatioun a Medien, fir de Contenu vu Publikatiounen ze bewäerten. Am Fall vun engem Androck vu falschen Informatiounen oder dem Netrespekt vun der journalistescher Deontologie oder dem Devoir de véracité, wéi en am Gesetz vum 8. Juni 2004 iwwert d'Liberté d'expression dans les médias steet, besteet d'Méiglechkeet, och fir déi honorabel Deputéierten, sech un de Conseil de presse oder d'Gerichter ze adresséieren.

ad 2. D'Montante vun der Pressehëllef si public an hei disponibel: <https://data.public.lu/fr/datasets/montants-de-la-promotion-de-la-presse-ecrite-et-en-ligne/>

ad 3. De Minister verweist op déi nei Obligatioun vun Transparenz, déi mat der Reform vun der Pressehëllef agefouert ginn ass, déi d'Beneficiairen vun der Pressehëllef obligéiert, hir redaktionell Linn transparent oppenzeleeën, fir datt de Lieser d'Informatioun beschteens anuerdne kann.

De Minister ass net der Meenung, datt d'Pressehëllef soll un d'Konditioun vun enger bestëmmter politescher Meenung gebonne sinn, soulaang se am legale Kader bleift an d'Publikatioun weiderhin iwwer lëtzebuergesch Pressekaarte verfuegt.

**Question 5886** (07.03.2022) de **M. Marc Lies** (*CSV*) concernant les **finances communales** :

La loi du 14 décembre 2016 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes a introduit de nouveaux critères de redistribution en vue de la répartition des avoirs du Fonds de dotation globale des communes.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre de l'Intérieur :

- Madame le Ministre peut-elle fournir dans un tableau pour l'année 2021 le détail par commune de la répartition du Fonds de dotation globale des communes suivant les critères de péréquation tels que définies à l'article 3 paragraphe (2) de la loi du 14 décembre 2016 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes ?

- Madame le Ministre peut-elle fournir pour l'impôt commercial communal un tableau détaillé par commune des recettes d'impôt perçues en 2021 et le détail de leur redistribution aux communes du pays ?

- Madame le Ministre peut-elle fournir un tableau retraçant les montants par commune de leur contribution au Fonds de l'emploi pour l'année 2021 ?

- Madame le Ministre peut-elle me mettre à disposition un tableau comparatif pour toutes les communes de la dotation totale par habitant sur base des comptes FCDF et ICC de 2019, 2020 et 2021 ?

**Réponse** (01.04.2022) de **Mme Taina Bofferdin**, *Ministre de l'Intérieur* :

La loi modifiée du 14 décembre 2016 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes introduit des critères de répartition des avoirs du FDGC qui regroupe une partie des recettes de l'ICC, à savoir :

- 1) une dotation forfaitaire ;
- 2) la population ajustée (82 % de la dotation) ;
- 3) les emplois salariés (3 %) ;
- 4) l'indice socio-économique (9-10 %) ;
- 5) les logements sociaux (0-1 %) ;
- 6) la superficie totale ajustée (5 %).

Je tiens à préciser que la révision du mécanisme de participation des communes à l'ICC ainsi qu'au Fonds de l'emploi a été également un élément de la réforme globale des finances communales. De ce fait, il est important de soulever que les dotations totales par habitant des communes ne se prêtent pas à une comparaison objective sans tenir compte de la participation par commune au Fonds de l'emploi.

Un tableau annexé à la présente reproduit les chiffres détaillés sur les finances communales des années 2019, 2020 et 2021.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

**Question 5887** (07.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **fourrière dans le sud du pays** :

A verschidde parlamentaresche Froen (N° 5481, 5329, 4773, 4483, 2675, 0676) gouf op den Ofstell-





problem vun immobiliséierten Autoen am Süde vum Land agaangen. Zënter Jore sicht d'Police no engem Site, op deem ofgschleefen Autoe kënnen sécher deposéiert ginn.

Dat Ganzt schéngt awer net esou einfach ze sinn, well: „Eng temporaire Léisung fir déi ganz Regioun Sud-Quest vum Land ass schwéier ze fannen, well se grouss, ofgeséchert, iwwerwaacht an no genuch beim concernéierte Service misst sinn.“ (Äntwert op d'Fro N° 2675)

Esou muss ee feststellen, dass et mat den aktuelle Krittäre vu Gréisst, Sécherheet, Iwwerwaachung a Proximitéit bal onméiglech schéngt, fir kuerzfristeg eng effikass Léisung ze fannen. An eisem Nopeschland, der Belsch, huet een änlech Problemer. Hei schafft d'Police enk zesumme mat Ofschleefdéngschter, déi d'Autoen ofschleefen an da bei hinnen op disponibele Plaze behalen, bis de Besëtzer vum Gefier et siche kënnt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Fro stellen:

- Gëtt d'Praxis, wéi se an der Belsch ze gesinn ass, och schonn zu Lëtzebuerg ugewannt?

Falls nee, ass et fir de Minister eng Optioun, fir d'Autoen op fräie Parkplaze vu Privatentreprene (Garagisten, Concessionnaires, Ofschleefdéngschter) ofstellen, bis een definitive Standuert fir d'Fourrière disponibel ass?

**Réponse** (28.03.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

Dës Praxis gëtt zu Lëtzebuerg schonn ugewannt, zum Beispill am Fall, wou d'Fourrière judiciaire zou oder iwwerfëllt ass, ginn d'Autoe beim Ofschleefdéngscht ofgestallt. Dat ass awer just zäitlech begrenz, bis dass an der Fourrière judiciaire rëm Platz ass.

An der Moyenne freet den Depanneur fir esou eng Stellplaz 15-20 Euro den Dag. De Problem, dee sech stellt, sinn awer net déi Autoen, déi d'Propriétaires no 1 bis 2 Deeg siche kommen, mee éischer d'Epaven, déi kee méi siche kënnt. Déi Autoe sti ronn 150 Deeg do, éiert d'Prozedur „véhicule délaissé“ aus dem Code de la route ofgeschloss ass. An dësem Fall kënnen Fraise vun 2.000 bis 3.000 € ufallen, op deenen de Steuerzueler sëtzebleift.

**Question 5888** (07.03.2022) de **M. Gusty Graas** (DP) concernant les **sanctions à des journalistes et présentateurs de télévision russes** :

Dans une interview parue récemment dans le « Luxemburger Wort », l'expert en communication Dr. Florian Töpfl a souligné le rôle clé que jouent les médias étatiques russes dans le cadre de la guerre contre l'Ukraine.

Les médias publics commandés par le Kremlin exerceraient notamment un contrôle quasi-total sur le discours politique et la perception de la population civile, de manière à exacerber la crise actuelle.

Ainsi le Dr. Töpfl supporte la demande d'imposer également des sanctions à des journalistes et présentateurs de télévision influents des médias étatiques russes, à l'instar des sanctions aux acteurs clés du régime de Poutine, tels que les oligarques proches du pouvoir.

Dans ce contexte, j'aimerais poser la question suivante à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Quelle est la position de Monsieur le Ministre quant à la l'imposition de sanctions aux journalistes et présentateurs des médias étatiques russes ?

2) Selon Monsieur le Ministre, quels autres acteurs du régime de Poutine devraient être soumis à des sanctions économiques afin de maximiser la pression sur la Russie pour mettre fin à cette guerre au plus vite ?

**Réponse** (08.04.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1) La guerre d'agression de la Russie contre l'Ukraine est aussi une guerre d'information. Les journalistes et présentateurs des médias étatique russes ont contribué, de longue date, à propager les mensonges du Kremlin et à préparer ainsi l'opinion russe à ce qui est présenté comme la nécessité d'une intervention en Ukraine. Les événements dans le Donbass ont été présentés afin de consolider la version officielle des autorités russes selon laquelle le Gouvernement de Kiev, régulièrement qualifié de nazi, serait en train de perpétrer un génocide contre les habitants russophones des régions séparatistes. Ce faisant, ils se sont rendus complices de la propagande du Kremlin dont l'objectif final a été de justifier une guerre illégale contre l'Ukraine. Ces médias font partie intégrante de la machine de guerre russe et ont été, à ce titre, sanctionnés par l'Union européenne.

ad 2) Toute nouvelle sanction contre les acteurs politiques et économiques russes fait l'objet de discussions entre partenaires européens, avec l'objec-

tif de soutenir l'Ukraine et d'amener la Russie à mettre un terme à la guerre, immédiatement et sans condition.

**Question 5899** (08.03.2022) de **M. Marc Lies** (CSV) concernant la **distribution de comprimés d'iode** :

Duerch de Konflikt an der Ukrain an déi domat verbonne Bedroung duerch Russland maache vill Leit sech Suerge virun engem atomaren Ugrëff. Jodpëlle kënnen virun atomarer Stralung an der Schilddrüs schützen. An enger Circulaire zum Zenario vun engem méiglechen Atomaccident vum 29. September 2014 hat den deemolegen Inneminister d'Gemenge opgefuert, zu all Moment de Bierger Jodpëllen zur Verfügung ze stellen, wann déi se froen. Dëser Deeg si vill Leit, déi op de Gemengen uechtert d'Land no esou Pëlle froen. Elo awer gëtt d'Santé de Message eraus, fir keng sou eng Pëllen ze verdeelen.

Virun dësem Hannergrond wéilt ech der Regierung folgend Froe stellen:

- Wéi ass déi aktuell Positioun vun der Regierung par rapport zum Verdeele vun de Jodpëllen?

- Ass déi Circulaire vun 2014 nach en vigueur?

- Gedenkt d'Regierung, de Gemengen an enger Circulaire allgemeng gülteg Informatiounen zu der Distributioun vun de Pëllen ze ginn? Wa jo, wéi sollen dës Recommendationen ausgesinn? Wann nee, firwat net?

**Réponse commune** (28.03.2022) de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

2014 si Jodpëllen, géint Virlag vun engem Bong, vun de Gemengen an den Apdikten un d'Bevëlkerung verdeelt ginn. Zanterhier hu geleeëntlech Bierger no Jodpëlle gefrot, well déi se entweder verluer haten oder deemools net siche waren. An deene Fäll war et absolut vertriebar, fir pragmatéisch virzegoen an der beträffener Persoun Jodpëllen ze ginn.

An der aktueller Situatioun ass et awer sou, an dëst gesäit een och am Ausland, datt e reegelerchte Rush op dës Pëlle stattfënnt. Et besteet e grouss Risiko, datt dës Persounen déi Jodpëlle preventiv kéinten huelen, mat méiglechen Niewewierkungen, ouni awer den eigentlechen Zweck ze erfëllen. Aus deem Grond recommandéiert d'Santé, Jodpëllen net vireileg erauszeginn.

Déi Bestellungen, déi elo souwuel vu Privatleit wéi och vu Gemenge gemaach goufen, ginn awer traitéiert an an de kommende Wochen ausgeliiwert.

Et ass an dësem Zesummenhank wichteg ze verstoen, datt et am Fall vun engem Accident an enger Atomzentral an der Ukrain awer net wäert néideg sinn, hei zu Lëtzebuerg Jodpëllen ze huelen. Iwwert déi laang Distanz gëtt de radioaktive Jod an der Loft souwäit verdënnt, datt d'Anhuele vu Jodpëllen net méi sënnavoll ass.

Wa Jodpëllen onnéideg ageholl ginn, iwwerweien déi negativ gesondheetlech Folgen.

D'Circulären, déi 2014 un d'Gemenge verschéckt gi sinn<sup>13</sup>, sinn nach ëmmer en vigueur. D'Recommandatiounen sinn also nach ëmmer gültig.

D'Regierung wäert dës Recommendationen, a virun allem allgemeng Informatiounen zu der Verdeelung vu Jodpëllen, per Circulaire rappeléieren, notamment datt d'Gemengen deene Biergerinnen a Bierger, déi sech nei an der Gemeng umellen, Jodpëlle sollen offéieren an de Stock à jour halen, respektiv iwwert de Santéministère opfëllen.

**Question 5900** (09.03.2022) de **Mme Jessie Thill** (déi gréng) concernant la **gestion des stocks communaux de comprimés d'iode de potassium du Plan d'urgence national « Accident nucléaire »** :

Le site étatique infocrise.lu présente entre autres le Plan d'urgence « Accident nucléaire ». Ce plan gouvernemental couvre l'ensemble des situations d'accident nucléaire ou radiologique envisageables, quelle que soit leur origine, au Luxembourg ou à l'étranger, et les administrations communales sont mentionnées comme partenaires privilégiés dans l'exécution du plan.

L'invasion de l'Ukraine, la prise de contrôle de la zone interdite de la centrale nucléaire de Tchernobyl, exposée il y a 36 ans, de l'attaque russe sur la plus grande centrale nucléaire d'Europe à Zaporijjia (Ukraine) et l'interruption d'un grand nombre de lignes de haute tensions ukrainiennes indispensables à l'approvisionnement électrique des centrales nucléaires en cas d'incident, démontrent que les centrales nucléaires ne posent non seulement un risque « résiduel » en temps de paix, mais surtout un

danger pour tout le continent en temps de guerre. En conséquence, les citoyens, mais aussi les communes luxembourgeoises se sont demandés où se trouvaient leurs comprimés d'iode de potassium pour le scénario d'une contamination radioactive jusqu'au Luxembourg. Or, tout comme les citoyens, de nombreux responsables communaux se sont rendus compte qu'ils ignoraient la localisation et l'état de certains de leurs stocks de comprimés devant servir à approvisionner leur population en cas de déclenchement du plan d'urgence susmentionné. Dans ce contexte, je voudrais avoir des informations concernant la gestion des comprimés d'iode de potassium :

1) Concernant le plan prévoyant une distribution préventive à tous les résidents du pays, est-ce que la grande campagne de distribution de 2014 fut déjà suivie par d'autres ?

2) Comment les plus de 70.000 nouveaux habitants depuis 2014, ainsi que les jeunes ayant entre-temps quitté le foyer familial, ont-ils reçu leurs comprimés ?

3) Est-ce que le Ministère, ou un autre service étatique, supervise les stocks de comprimés se trouvant sur le territoire du Luxembourg (lycées, communes, etc.) et connaît leurs emplacements et leur taille ?

4) Considérant les dangers liés à la guerre en Ukraine ne faudrait-il pas préventivement contrôler et actualiser rapidement les stocks nationaux et communaux face à l'évolution démographique ?

5) Ne faudrait-il pas communiquer plus activement et de manière multilingue sur la bonne utilisation de ces comprimés face aux soucis et aux doutes des citoyens voire aux informations parfois contradictoires concernant l'utilité, la disponibilité, la prise et les risques associés à la prise des comprimés d'iode de potassium ?

**Réponse commune** (28.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur*, et de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État* :

ad 1) La stratégie existante, en l'occurrence l'établissement de stocks de comprimés proche des populations dans les communes et écoles, avait été complétée en 2014 par une pré-distribution à la population. Cette complémentarité des programmes permet une couverture plus élevée comparée à une seule voie de distribution. Vu que les comprimés ont une date de conservation très longue, il n'est pas nécessaire de répéter la campagne de distribution.

ad 2) Il a également été défini en 2014 de proposer à chaque personne qui venait déclarer sa résidence auprès du bureau de la population de l'administration communale concernée de lui remettre un blister de comprimés d'iode de potassium ainsi qu'une brochure d'information.

Toutefois, en cas d'accident nucléaire et conformément au Plan d'urgence « Accident nucléaire », les personnes qui ne disposeraient pas de comprimés d'iode de potassium à leur portée conservent la possibilité d'en retirer aux points de distribution organisés par les administrations communales.

ad 3) La division de la radioprotection de la Direction de la santé dispose d'un fichier qui reprend l'emplacement et la taille du stock des établissements scolaires au moment de la livraison du stock.

ad 4) Il y a lieu de préciser qu'un comprimé d'iode de potassium n'est pas un antidote général contre les irradiations, mais protège exclusivement contre un cancer de la thyroïde dans des situations dans lesquelles il y aurait une concentration élevée d'iode radioactif dans l'air.

Afin que la prise de comprimés d'iode ait un effet bénéfique, il faut indispensablement évaluer les trois points suivants :

1) Le comprimé doit être administré au bon moment. L'iode du comprimé se fixe pendant plusieurs heures sur la thyroïde et assure pendant ce temps une excellente protection. Si on prend les comprimés trop tôt, l'effet bénéfique n'est plus assuré.

2) Un rejet radioactif n'est pas une composante de tout type d'accident. En raison d'une demi-vie de huit jours, l'iode radioactif diminue rapidement dès qu'un réacteur est arrêté. En conséquence, l'iode radioactif est surtout présent s'il y a un accident d'un réacteur nucléaire en fonctionnement.

3) La prise de comprimés d'iode est seulement indiquée à partir d'un certain niveau d'exposition défini dans le plan d'urgence. En cas d'une plus faible exposition à l'iode radioactif, les effets secondaires des comprimés d'iode l'emportent sur les risques radiologiques.

Pour ces raisons, il est essentiel de prendre les comprimés d'iode uniquement sur instruction des autorités. Un éventuel accident dans une centrale en Ukraine, en raison de la guerre, ne nécessiterait en aucun cas la prise d'iode au Luxembourg ! Les distances entre l'Ukraine et le Luxembourg sont trop importantes pour avoir des rejets d'iode radioactif à un niveau suffisamment élevé qui justi-

fieraient une prise d'iode au Luxembourg. Il n'est ainsi pas indiqué d'actualiser les stocks en urgence. Toutefois, il est fortement recommandé aux communes de veiller à une bonne gestion du stock de leurs comprimés d'iode afin de pouvoir en remettre aux nouveaux résident-e-s de la commune ou en cas de demande. À ce titre, il convient de rappeler que les circulaires n° 3182, n° 3189 et n° 3193, envoyées aux communes en 2014, sont toujours d'application.

ad 5) Depuis 2014, les informations et foires aux questions concernant les comprimés d'iode de potassium, les bénéfices, les risques ainsi que leurs limites sont disponibles sur le site [www.infocrise.lu](http://www.infocrise.lu) en trois langues (français, allemand et anglais).

Un dépliant multilingue « utilisation des comprimés d'iode en cas d'accident nucléaire » accompagne toute boîte de comprimés d'iode de potassium distribuée dans le cadre du programme prophylaxie d'iode dans les maternités. Il est disponible en téléchargement dans la rubrique « Publications » du site [www.infocrise.lu](http://www.infocrise.lu).

**Question 5951** (16.03.2022) de **M. Max Hengel** et **Mme Martine Hansen** (CSV) concernant le **Bureau de soutien psychologique de l'Université du Luxembourg** :

Fir Studenten, déi wéinst Problemer mat der mentaler Gesondheet op professionell Hëllef ugewise sinn, offréiert d'Uni.lu hire Studenten an hirem Bureau de soutien psychologique professionnelle Bäistand. Dräi Psychologen an een Team-Leader sti bereet, fir beträffene Studenten éischt psychologesch Hëllef ze leschten a si ze beroden, wéi se weider solle virgoen am Fall vun enger Depressioun<sup>14</sup>. Allgemeng ass och gewosst, dass de Besoin fir esou Consultatiounen mat der Covid-19-Pandemie bäigeholl huet, wat verschidden Unien am Ausland och dozou beweegt huet, änlech Servicer ewéi de Bureau de soutien psychologique personell massiv opzestocken.

An dësem Kontext géife mir gär folgend Froen un den Här Minister fir Fuerschung an Héichschoul stellen:

- Wann e Student dës Offer an Usproch huele wëllt, wéi laang muss hien ongeféier waarden, bis en un d'Rei kënnt?

- Verfüügt de Ministère iwwer Zuelen iwwert d'Evolutioun vun de Consultatiounsstonnen iwwert déi lescht Joren?

- Ass de Minister der Meenung, dass déi aktuell personell Opstellung vun dräi Psychologen an engem Team-Leader der aktueller Demande no psychologesche Consultatiounen gerecht gëtt, oder gedenkt den Här Minister, den Dialog mat de Responsabele vun der Uni.lu ze sichen, fir iwwer eng eventuell personell Opstockung vum Bureau de soutien psychologique ze diskutéieren?

**Réponse** (06.04.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche* :

Ech reagéieren op den honorabelen Deputéierten hir Froe mat dëse Prezisiounen.

D'Équipe de soutien psychologique op der Universitéit Lëtzebuerg offréiert eng gratis a vertraulech Berodung, fir de Studenten an dem Personal kuerzfristeg ze hëllef bei perséinlechen a psychologesche Problemer. Bei längerfristegen oder urgente Problemer orientéieren d'Psychologe vun der Universitéit d'Persounen a Richtung extern a spezialiséiert Servicer oder Institutiounen.

D'Studenten an d'Personal kënnen e Rendez-vous bei engem Psycholog vun der Universitéit op verschidde Manéieren huelen, säit 2020 och iwwert d'Plattform „UMatter/KaraConnect“, déi wéinst der gréisserer Demande no psychologescher Hëllef am Kontext vum Covid-19 kreéiert gouf.

Den Delai fir e Rendez-vous läit zwëschent engem an zéng Deeg, jee no Situatioun. D'Équipe de soutien psychologique op der Universitéit Lëtzebuerg huet am Joer 2021 hir Servicer engen 1.442 Studenten a Mataarbechter zur Verfügung gestallt.

D'Universitéit Lëtzebuerg ass sech bewosst, dass de Bedarf u psychologescher Hëllef ugestigen ass, a sicht no Léisungen, fir dësem Bedarf gerecht ze ginn.

D'Équipe de soutien psychologique op der Universitéit Lëtzebuerg besteet momentan aus dräi Persounen, déi dat deelzäit maachen, an engem Team-Leader, deen dat ganzzäitlech mécht. Och wann d'Demande deels méi grouss ass wéi d'Kapazität vum Service, sicht d'Universitéit Lëtzebuerg no Léisungen, fir d'Waardezäit weider ze reduzéieren. Dofir soll an nächster Zäit en zousätzleche Poste fir e ganzzäitleche Psycholog geschaf ginn, fir esou d'Équipe de soutien psychologique vun der Universitéit Lëtzebuerg ze verstärken.

<sup>13</sup> Circulaire N° 3182 vum 26. August 2014, Circulaire N° 3189 vum 29. September 2014, Circulaire N° 3193 vum 9. Oktober 2014

<sup>14</sup> [https://www.fr.uni.lu/umatter/students/student\\_support/mental\\_health\\_wellbeing](https://www.fr.uni.lu/umatter/students/student_support/mental_health_wellbeing)





N°06  
2021-2022

# CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

chd.lu   

## Compte rendu officiel n° 06 | Session ordinaire 2021-2022

Communications électroniques

p. 259

Sommaire des séances publiques n°s 18 et 19

p. 275

18<sup>e</sup> séance

Mardi 7 décembre 2021

Résultats de la COP26

p. 265

Sommaire des questions parlementaires

p. Q68

19<sup>e</sup> séance

Mercredi 8 décembre 2021

## D'Chambersblietche geschwënn am neie Look!

Am Oktober kritt d'Chambersblietchen en neie Look an Dir kritt et dann exklusiv op Ufro. Abonéiert lech vun elo un, wann Dir et weider gratis wëllt heemgeschéckt kréien:

 Entweder **per E-Mail** un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress, Code postal an Uertschaft ugitt,

 oder schéckt gratis d'Carte-réponse **per Post** zréck, déi dësem Chambersblietche bäiläit.

### D'Chambersblietche geschwënn am neie Look!

Abonéiert lech

Am Oktober kritt d'Chambersblietchen en neie Look an Dir kritt et dann exklusiv op Ufro. Abonéiert lech vun elo un, wann Dir et weider gratis wëllt heemgeschéckt kréien:

 Entweder **per E-Mail** un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress, Code postal an Uertschaft ugitt,

 oder schéckt gratis dës Carte-réponse **per Post** zréck.

#### Coupon fir e Gratis-Abo op d'Chambersblietchen:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_

Land: \_\_\_\_\_

D'Chambersblietche wäert lech vum Oktober un als eegestänneg Zeitung zougestallt ginn. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vum engerechter Fierma. Är Donnéeën ginn traktéiert, bis Dir lech desabonéiert, wat Dir entweder per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu) maache kënnt oder unhand vum Coupon, deem Dir spéider am neie Compte rendu fanne wäert. Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe gehannee Mailadress kontaktéieren.

## Recherche scientifique au Parlement

**Vaccination obligatoire, émissions de méthane, révision constitutionnelle, variole du singe et accusation d'un membre du Gouvernement : ces sujets ont-ils un point commun ? À la Chambre des Députés, la réponse est oui ! Tous ces sujets ont fait l'objet de recherches effectuées par la Cellule scientifique de la Chambre des Députés. Les documents publiés par ce service de l'Administration parlementaire contribuent au travail des députés qui doivent constamment se tenir informés de thématiques les plus diverses.**

Depuis sa création en septembre 2021, la Cellule scientifique a travaillé sur une bonne vingtaine de dossiers, dont une dizaine sont publics. Elle a rédigé des avis juridiques, des documents de recherche couvrant des sujets de santé publique, comme par exemple la pandémie Covid-19, la digitalisation en médecine ainsi que la variole du singe, ou encore des sujets liés au changement climatique. Son travail inclut également des thématiques débattues en séance plénière, à sa-

voir le dossier « SuperDrecksKëscht », mais aussi la question du vaccin obligatoire. À cela s'ajoutent les recherches et la rédaction de dispositions légales réalisées dans le cadre de la révision constitutionnelle. Outre son activité de recherche, la Cellule scientifique organise également des événements qui ciblent le rapprochement entre le monde politique et le monde scientifique. Ainsi, elle a coorganisé avec la Chaire de recherche en études parlementaires de l'Université du Luxembourg une conférence ouverte au grand public



s'intéressant à « L'interface Science - Politique dans les Parlements » les 5 et 6 mai 2022. En novembre, une nouvelle édition du « pairing scheme » sera mise en place par la Cellule scientifique ensemble avec le FNR (Fonds national de la recherche). Le but du « pairing scheme » est de rapprocher hommes et femmes politiques et scientifiques afin qu'ils puissent découvrir de plus près le déroulement de leurs vies professionnelles respectives. C'est grâce à de tels événements que le réseau scientifique national et international de la cellule

peut s'élargir et ainsi contribuer activement au travail parlementaire.

Si vous voulez découvrir les publications de la Cellule scientifique et rester informé de ces activités, il suffit de consulter le site Internet de la Chambre ([www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Actualité - Recherche au Parlement). Dans les prochains comptes rendus de la Chambre des Députés vous trouverez des résumés des documents de recherche ainsi que des informations quant aux événements organisés par la Cellule scientifique à venir.



## NOUVELLES LOIS

### Communications électroniques

**7632 - Projet de loi portant transposition de la directive (UE) 2018/1972 du Parlement européen et du Conseil du 11 décembre 2018 établissant le code des communications électroniques européen et portant modification de la loi modifiée du 30 mai 2005 portant : 1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation ; 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État**

Le projet de loi sous examen entend transposer en droit luxembourgeois la directive (UE) 2018/1972 du Parlement européen et du Conseil du 11 décembre 2018 établissant le code des communications électroniques européen (refonte). Dans ce contexte, la loi en projet sous revue a, entre autres, pour objet :

- de faciliter le lancement de nouveaux réseaux fixes à très haute capacité ;
- de favoriser le déploiement des réseaux 5G en assurant la disponibilité de radiofréquences 5G dans l'Union et en offrant aux opérateurs une prévisibilité quant à l'octroi de licences d'utilisation du spectre ;
- de mettre en place un service universel comprenant désormais un service d'accès adéquat à Internet haut débit à un prix abordable ;
- de renforcer la protection des consommateurs en encourageant la

transparence de la tarification et la comparaison des offres contractuelles.

Par ailleurs, la loi en projet propose d'abroger la loi modifiée du 27 février 2011 sur les réseaux et les services de communications électroniques. Toutefois, certaines dispositions nationales ne provenant pas de la législation européenne et qui ont leur source dans la loi du 21 mars 1997 sur les télécommunications (et qui, depuis lors, ont été reprises dans la loi du 30 mai 2005 sur les réseaux et les services de communications électroniques et la loi du 27 février 2011 sur les réseaux et les services de communications électroniques) sont reprises et intégrées dans le texte de loi sous rubrique.

Dépôt par M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias, le 16.07.2020

Rapporteur : M. Pim Knaff

Travaux de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications  
(Président : M. Guy Arendt) :

- 12.01.2021 Présentation du projet de loi
- Examen de l'avis du Conseil d'État
- 26.01.2021 Désignation d'un rapporteur
- 30.03.2021 Examen de l'avis de la CNPD
- Analyse d'une série d'amendements
- 30.04.2021 Entrevue avec des dirigeants de l'ILR
- 07.05.2021 Seconde entrevue avec des dirigeants de l'ILR
- 28.06.2021 Approbation d'un projet de lettre d'amendements parlementaires
- 23.11.2021 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
- Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 08.12.2021

Loi du 17 décembre 2021

Mémorial A : 2021, n° 927, page 1



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Communications

- M. Fernand Etgen, Président

### 3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

### 4. Discours de M. le Président

- M. Fernand Etgen, Président

### 5. Déclaration de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, suite aux événements qui se sont déroulés ce week-end en relation avec les manifestations contre les mesures anti-Covid-19, suivie d'un débat

- Déclaration : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

- Débat : Mme Martine Hansen - M. Gilles Baum - M. Georges Engel (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. Claude Haagen) - Mme Josée Lorsché (dépôt de la résolution 1) - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. le Vice-Premier Ministre Dan Kersch, M. Sven Clement, M. Georges Engel et M. Dan Biancalana) - Mme Nathalie Oberweis (intervention de M. le Vice-Premier Ministre Dan Kersch) - M. Sven Clement (intervention de Mme Lydie Polfer) - M. Laurent Mosar (dépôt de la motion 1) (interventions de M. Marc Goergen) - M. Claude Lamberty - M. Mars Di Bartolomeo - Mme Stéphanie Empain - M. Roy Reding (parole pour fait personnel) (interventions de M. Sven Clement et M. le Vice-Premier Ministre François Bausch) - M. Mars Di Bartolomeo - M. Yves Cruchten - M. Roy Reding (intervention de M. le Vice-Premier Ministre Dan Kersch)

- Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure (intervention de M. Laurent Mosar) - M. Laurent Mosar (parole après ministre) (intervention de M. le Ministre Henri Kox) - M. le Ministre Henri Kox - Mme Lydie Polfer (parole après ministre) (intervention de M. Roy Reding) - M. Sven Clement (parole après ministre)

- Résolution 1 : M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement - M. Gilles Baum (intervention de Mme Josée Lorsché) - M. Fernand Kartheiser - Mme Nathalie Oberweis - M. Mars Di Bartolomeo

- Vote sur la résolution 1 (adoptée)

- Motion 1 : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre - M. Sven Clement - M. Laurent Mosar - M. le Vice-Premier Ministre François Bausch

- Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission (adopté)

### 6. Question élargie n° 110 de M. Laurent Mosar au sujet de la lutte contre l'immigration irrégulière

- M. Laurent Mosar - M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes - M. Laurent Mosar (intervention de M. le Ministre Jean Asselborn) - M. le Ministre Jean Asselborn

### 7. Motion de Mme Nathalie Oberweis relative à la mise en place d'un mécanisme spécifique d'aides financières en faveur de certaines associations sans but lucratif

- Exposé : Mme Myriam Cecchetti

- Discussion générale : M. Paul Galles - M. Max Hahn - Mme Djuna Bernard

- Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes (intervention de M. Max Hahn)

- Vote sur la motion (rejetée)

### 8. 7852 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à financer l'acquisition et le support logistique de véhicules de commandement, de liaison et de reconnaissance (CLRV) pour les besoins de l'Armée luxembourgeoise

- Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense : Mme Stéphanie Empain (intervention de M. Fernand Kartheiser)

- Discussion générale : M. Jean-Marie Halsdorf - M. Gusty Graas - Mme Lydia Mutsch - M. Fernand Kartheiser (dépôt de la motion 1) - Mme Nathalie Oberweis - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Défense - M. Félix Eischen (parole après ministre) (intervention de M. le Ministre François Bausch) - M. le Ministre François Bausch

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Motion 1 : Mme Stéphanie Empain - M. Jean-Marie Halsdorf - M. Marc Goergen - Mme Stéphanie Empain (intervention de M. Marc Goergen) - M. François Bausch, Ministre de la Défense

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. François Bausch, M. Dan Kersch, Vice-Premiers Ministres ; M. Jean Asselborn, M. Romain Schneider, M. Pierre Gramegna, M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, Mme Carole Dieschbourg, M. Marc Hansen, M. Claude Turmes, Mme Taina Bofferding, M. Lex Delles et M. Henri Kox, Ministres.**

*(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)*

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

### 2. Communications

Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Bureau deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

#### Communications du Président - séance publique du 7 décembre 2021

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

**7924** - *Projet de loi portant modification :*

1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° de la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments ;

3° de la loi modifiée du 6 janvier 1995 relative à la distribution en gros des médicaments ;

4° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ;

5° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction d'une mesure temporaire relative à l'application de l'article 12 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ;

6° de la loi modifiée du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19 ;

7° de la loi du 24 juillet 2020 portant dérogation temporaire aux articles L. 524-1, L. 524-2, L. 524-5, L. 541-1 et L. 541-2 du Code du travail ;

8° de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant 1° dérogation temporaire à certaines dispositions en matière de droit du travail en relation avec l'état de crise lié au Covid-19 ; 2° modification du Code du travail ;

9° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 portant dérogation temporaire à l'article L. 121-6 du Code du travail ;

10° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;

11° de loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance ;

12° de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 04.12.2021

**7925** - *Projet de loi relative au régime d'aides en faveur des entreprises investissant dans des infrastructures de charge pour véhicules électriques*

Dépôt: M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 06.12.2021

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

**2127** - *Demande de pétition publique : Direkte Stopp vum 2G op der Aarbechtsplaz. De Covidschnelltest soll weiderhin 48 h gültig sinn.*

Dépôt : Ben Gales, le 30.11.2021

**2128** - *Demande de pétition publique : Interdire aux enfants de moins de 12 ans de se faire vacciner contre la Covid-19*

Dépôt : Catarina Coimbra, le 30.11.2021

**2129** - *Demande de pétition publique : Überarbeitung, Änderung und Anpassung des Sexualstrafrechts in Luxemburg*

Dépôt : Diane Schaefers, le 30.11.2021

**2130** - *Demande de pétition publique : Petitioun géint d'2G-Regelen am „Fräiheitssektor“, Diskriminatioun vun enger klenger Minoritéit stoppen!*

Dépôt : Mandy Huberty, le 01.12.2021

**2131** - *Demande de pétition ordinaire: Évolution des prix des carburants au Luxembourg*

Dépôt : Olivier Gasche, le 30.11.2021

**2132** - *Demande de pétition publique : Net méi zefridde mam Staatsminister*

Dépôt : Nora Funck, le 01.12.2021

**2133** - *Demande de pétition publique : Halte aux travaux routiers en même temps sur toutes les routes*

Dépôt : Éric Arjona, le 02.12.2021

**2134** - *Demande de pétition publique : Pour l'interdiction de fumer aux arrêts de bus et sur les quais de train*

Dépôt : Abner Andrey Martinez Zamudio, le 02.12.2021

**2135** - *Demande de pétition publique : Non aux mesures liberticides !*

Dépôt : Joana Daniela Da Rocha Da Silva, le 03.12.2021

**2136** - *Demande de pétition publique : Contre le port du masque des élèves de 4 à 12 ans*

Dépôt : Francisco Norberto Sampaio da Silva, le 04.12.2021

**2137** - *Demande de pétition publique : Keine Tests in den Schulen*

Dépôt : Rasim Cosic, le 04.12.2021

**2138** - *Demande de pétition publique : Limiter la durée d'accès aux réseaux sociaux / Die Dauer des Zugriffs auf soziale Netzwerke begrenzen*

Dépôt : Steven Curfs, le 05.12.2021

**2139** - *Demande de pétition publique : Geschichtsunterrecht als Hauptfach an der Grondschoul an am Lycée*

Dépôt : Michel Kirsch, le 05.12.2021

**2140** - *Demande de pétition publique : Kampf der Dummheit und der Ignoranz - Politische Bildung für Erwachsene*

Dépôt : Marc Kintgen, le 06.12.2021

**2141** - *Demande de pétition ordinaire: Erneuerbare Energien*

Dépôt : Adrien Schrobiltgen, le 15.11.2021

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, sou wéi d'Präsidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat deem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 4. Discours de M. le Président

Dir Dammen an Dir Hären, et ass mir eng grouss Eier, de President vun der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe, de Rik Daems, do uewen op der Tribün begréissen ze kënnen, nodeems mir de Moie schonn exzellent Echangen haten.

Cher Monsieur le Président, permettez-moi de vous souhaiter la bienvenue à la séance plénière. Votre visite tombe à point nommé. La séance d'aujourd'hui sera justement l'occasion pour la Chambre de réaffirmer les valeurs qui nous sont chères au Luxembourg et que vous défendez, vous aussi, au quotidien en tant que Président de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe. La séance d'aujourd'hui sera également l'occasion d'identifier clairement les lignes rouges à ne pas dépasser dans nos démocraties.

En vous voyant là-haut sur la tribune, Monsieur Daems, positionné au-dessus de nous, je pense qu'on peut dire que la hiérarchie des normes, qui nous tient tant à cœur au Luxembourg en ce qui concerne la Convention européenne des droits de l'homme, est parfaitement respectée du point de vue symbolique aussi.

Soyez donc assuré, Monsieur le Président, que la Chambre restera un partenaire fort de la défense

des valeurs, des droits et des libertés promus et défendus par le Conseil de l'Europe.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, Här Premierminister, léif Regierungsmemberen, Dir Dammen an Dir Hären, vun Ufank un, wéi d'Pandemie iwwert eis hiergefall ass, wousste mer, datt de Covid-19 net nëmmen eng staark sanitär Kris géif auslöisen, mee och, datt déi demokratesch Erausforderunge grouss géife ginn. Vun Ufank un hu mer eis do-robber préparéiert an hei an der Chamber zesumme mat der Regierung an dem Staatsrot gekuckt, datt eis Constitioun zu all Moment respektéiert gëtt.

Vun Ufank un huet eis ganz Gesellschaft zesumme-geschafft an zesummegehalen, fir e Wee ze fannen, fir en Equilibre ze fannen: Punktuell Aschnëtter waren a si grad elo néideg, fir datt eis sozial, wirtschaftlech an individuell Fräiheeten erhalte bleiwen an där Zäit. An dobäi wëll ech déi wichteg Roll vun eiser Justiz net vergiessen, fir eiser Demokratie Stabilitéit ze ginn.

Vun Ufank u war net jidderee sech iwwert de beschte Wee eens. Dat ass en Zeeche fir eng gesond Demokratie. Mee e gemeinsaamt Zil hate mer virun Aen, och vun Ufank un. A vun Ufank un huet d'Press e kritesche Bléck op d'Politik geworf. Och dat ass eng Garantie, fir datt d'Land stabill bleift an enger déiwer sanitärer Kris.

Mir si genau wéinst all deene Mechanisme vun Dialog an Zesummenaarbecht hei am Land net an e permanenten institutionelle Krisenzoustand verfall. An dat soll och esou bleiwen!

Eng Pandemie wéi dës bréngt onweigerlech vill Leed an och Spléckunge mat sech. Zënter dem Enn vum Summer a wat mer méi an dëse Wanter era-kommen, ass dat ëmmer méi kloer ginn. An dorëms mussen mer eis këmmern.

Mee elo ass et och Zäit, kloer Zeechen ze setzen, wa rout Linnen eendeiteg iwwerschratt ginn, ...

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- ... an Nee ze soen: „Nee“ zu all deenen, déi probéieren, eis Gewëssheeten ze zerstiieren. „Nee“ zu all deenen, déi Fakten, wëssenschaftlech Analysen a Methode mat radikale Falschassouen a Verschwörungstheorien unzweifelen. „Nee“ zu all deenen, déi Gewalt uwenden an den Holocaust verharmlosen. „Nee“ zu all deenen, déi eis Erënnungskultur, op där mir eis europäesch Idealier nom Zweete Weltkrich opgebaut hunn, beschmotzen an instrumentaliséieren, fir eis Fräiheeten domat op d'Spill ze setzen an eis Stabilitéit an Institutiounen bewosst probéieren ze ënnerwandern!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dir Dammen an Dir Hären, ...

■ **M. Charles Margue (déi gréng).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- ... ech weess awer elo schonn, datt dat och net wäert goen, well mir et net wäerten zouloossen!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.





## 5. Déclaration de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, suite aux événements qui se sont déroulés ce week-end en relation avec les manifestations contre les mesures anti-Covid-19, suivie d'un débat

An ech ginn dem Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel d'Wuert, fir eng Deklaratioun iwwert d'Incidente bei der Manifestatioun géint d'Covid-19-Mesuren ze maachen. Uschléissend féiert d'Chamber eng Debatt. Här Premierminister, Dir hutt d'Wuert.

### Déclaration

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, ech soen Iech Merci, datt ech haut an dësem héijen Haus eng Deklaratioun am Numm vun der Regierung dierf maachen.

De leschte Samschdeg hu sech an der Stad hei Zee- nen ofgespillt, déi mer net akzeptéieren kënnen an net akzeptéiere wäerten. Mir akzeptéieren net, datt Mënschen onugemellt duerch d'Stad marschéieren, ouni d'Reegele vum Demonstratiounsrecht ze respektéieren. Mir akzeptéieren net, datt eng grouss Mass vu Leit d'Gesetzer an d'Covidmesuren igno- réieren. Mir akzeptéieren net, datt mat der Gëlle Fra e Symbol vun onser Fräiheet an onser Onofhän- gegkeet beschmotzt gëtt mat Messagen, déi den Holocaust verharmlosen!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, mir akzeptéieren net, datt e Grupp vu Leit an der Stad randaléiert a Chrëscht- mäert stiermt, op deene friddlech Bierger - dorën- ner Leit mat Familljen, eeler Leit a Kanner - ënner- wee sinn. Här President, mir akzeptéieren net, datt Mënschen aggresséiert ginn a souguer an hirem Doheim sech net méi sécher kënnen fillen. Mir ak- zeptéieren och net, datt d'Journalisten an hirer Aar- becht beaflosst ginn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Et geet hei, Här President, ëm d'Fundament vun onsem Rechtsstaat. Mir dierfen net zouloos- sen, datt dëst Fundament och nëmmen ufänkt ze bréckelen!

De Moie war, op Demande vun der Regierung, eng Reunioun am Staatsministère mat der Generaldirek- tioun vun der Police, mam Parquet an och de Ver- trieder vun der Stad Lëtzebuerg, an där mir eis eens waren, datt all Illegalitéite par rapport zum Gesetz mussen streng nom Gesetz sanktionéiert ginn an den ëffentleche Raum ni dierf zum rechtsfräie Raum ginn!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, et ass der Police hir Aufgab, d'Sécherheet am ëffentleche Raum an déi vun de Bierger ze garantéieren. D'Anhale vu Gesetzter muss kontrolléiert ginn a muss och duerchgesat ginn. All Form vu Gewalt muss ënnerbonne ginn!

D'Regierung, d'Policedirektioun an de Parquet si sech hei eens: Esou eppes wéi de Samschdeg dierf sech ni hei zu Lëtzebuerg widderhuelen!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Mir hunn och zesumme mat der Stad Lëtze- buerg a mat der Police decidéiert, datt d'Stad Lëtze- buerg an d'Police fir déi nächst Wochen e Peri- meter respektiv e Parcours definéieren - deen och wäert vun der Police festgehalten a vun der Stad va- lidéiert ginn -, op deem Manifestatiounen dierfen organiséiert ginn.

Jo, dësse Perimeter soll och schonn ab dësem Weekend gëllen, dëst fir d'Sécherheet an d'Wuelbe- fannen och vun den Awunner an de Visiteure vun der Stad Lëtzebuerg ze garantéieren. Ech bieden och hei op dëser Plaz all d'Manifestanten, beson- nesch déi, déi net u gewalttätegen Aktiounen bedee- legt sinn, dësse Perimeter och ze respektéieren. Esoual een ausserhalb vun dësem Perimeter ma- nifestéiert, ass een an der Illegalitéit!

D'Regierung an d'Police si sech eens, mat allen noutwendege legale Mëttelen derfir ze suergen, datt sou eppes wéi de Samschdeg sech och net widerhéit. Dozou gehéieren och d'Artikelen 5 a 14 vum Policegesetz, déi d'Kontrolléiere vun der Identi- téit an d'Festhale vu Persounen virgesinn, déi sech enger Identitéitskontroll verweigeren oder déi ëf- fentlech Uerdnung gefäerden.

D'Gemeng Lëtzebuerg wäert an hirer Requisition och kloer der Police d'Moyene ginn, fir déi ëffent- lech Sécherheet ze garantéieren.

Loosst mech nach eppes hei ganz daitlech soen, Här President: D'Demokratie wäert ni virun engem gewaltbereete Grupp vu Leit an d'Knée goen!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Mir loosse ons net aschüchteren. Mir wës- sen, datt mir et hei mat enger absolutter Minoritéit ze dinn hunn. Déi iwwerwältigend Majoritéit an onser Gesellschaft verurteelt den Haass an d'Ge- walt vun e puer Eenzelnen. An ech geheie ganz be- wosst net all Manifestanten an een Dëppen. Net jid- deree vun hinnen huet randaléiert. Ech wëll mech op dëser Plaz och genau un déi riichten: Loosst Iech net instrumentaliséiere vun Ophetzer, déi ons Demokratie an onst gesellschaftlecht Zesumme- liewen zerstëiere wëllen. Bedeelegt Iech net u Ma- nifestatiounen, fir déi am Virfeld schonn zu Haass a Gewalt opgeruff gëtt!

Et ass Äert Recht, Är Meenung ze hunn. Et ass Äert Recht, dës Meenung och kënnen ze soen. An et ass och Äert Recht ze demonstréieren. An dëst Recht wäert ech als Demokrat och ëmmer verdeedegen. Mee Dir musst et awer akzeptéieren, wann ech Iech soen, datt d'Wëssenschaft weltwäit Är Meenung net deelt. Covid-19 existéiert an et ass net eng liicht Gripp! D'Spideeler sinn erëm voller Patienten, déi deelweis schwéier krank sinn. An déi Iesch- teeg hu mer gesinn, datt all Dag nees Leit stier- wen. Dat si Fakten. Déi loosse sech net diskutéie- ren. Déi sinn do!

D'Impfung ass dee beschte Wee eraus aus dëser Pandemie an d'Wëssenschaft ass op deem Punkt och ganz kloer.

Nach eemol: Et ass Äert Recht, dës Fakten och wë- len ze ignoréieren, dat heescht, esou ze maachen, wéi wann et se net géif ginn, an doropshin aner Meenung ze sinn iwwert déi sanitär Mesuren, déi decidéiert ginn. Mee sidd Iech bewosst, datt Är Meenung en direkten Impakt op d'Liewe vun Äre Matmënschen huet.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Mir liewen och net an enger Diktatur. De Fait, datt Dir zanter Wochen demonstréiere kënnt an Är Meenung ouni Zensur kënnst deelen, ass de beschte Beweis dofir.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Kaum e Land huet an dëser Pandemie dat demokratesch gewieltent Parlament an d'Bekämp- fung vum Virus matabezu wéi hei zu Lëtzebuerg. Ech kennen der net vill. Mir hunn nom Fréijoer d'lescht Joer ganz bewosst den État de crise net verlängert, wat d'Solution de facilité wär. Dat hu mer net gemaach. Zanterhier ass all Projet de loi vum Conseil d'État validéiert ginn an duerno duerch d'Chamber gestëmmt ginn. Datt elo eng absolut Minoritéit d'Trape vun dësem héijen Haus vun der Demokratie wëll besetzen an erakommen, ass en Hon!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, Gewalt an Undroung vu Ge- walt dierfen ni d'Léisung sinn. Ni! Haass an Ustëf- ten zum Haass dierfen ni d'Léisung sinn!

Jo, de Samschdeg si Grenzen iwwerschrott ginn. Gläichzäiteg mussen mir ons awer och agestoen, datt en Deel vun onser Gesellschaft schonn iwwer Wochen a Méint stramm op dës Grenzen zoumar- schéiert ass. Well Gewalt an Haass begleeten ons schonn zanter laanger Zäit an der digitaler Welt. Op de soziale Medien an och op dem private Messen- ger gëtt gehetzt an och oppe Gewalt ugedrot. Gläichzäiteg gi falsch Behauptungen an och d'Dis- kreditéierung vu wëssenschaftleche Fakte massiv weiderverbreit.

D'sozial Medien hu sech zu engem Brandherd ent- wéckelt an d'Feier, dat online entflaamt gouf, huet sech de Samschdeg fir d'éischte Kéier massiv och an der reeller Welt ausgebreit. D'Evenementer vun de Samschdeg sinn also just e Symptom vun engem vill méi déifgräifende Problem, dee mir drén- gend mussen ugoen, engem Problem, dee mir säit enger Zäit am wäiten an och am noen Ausland och observéiere kënnen an deen elo säin ellent Gesicht och hei zu Lëtzebuerg gewisen huet. Et ass e Pro- blem, dee mir als Politik net ëmmer eescht genuch geholl hunn, andeems mir och ze laang nogekuckt hunn, wéi sech de politeschen Discours ëmmer méi opgehëtzt huet.

Dee Reproche mussen mir eis heibannen alleguete maache kënnen, Majoritéit wéi Opposition! Eenzel politesch Acteuren heizen d'Stëmmung souguer selwer mat op. Dat geet esou wäit, datt en Depu- téierten d'Telefonnummer vun engem Journalist an engem Kontext verëffentlecht huet, an deem ee konnt oder souguer huet missen dovunner ausgoen, datt en déi Persoun extra géif stigmati- séieren an a Gefor bréngen. Dat ass inakzeptabel, Här President!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Et gouf dës Weekend Menacë géint Jour- nalisten. Domadder ass ee vun deene wichtegste Piliere vun onser Demokratie och nees eng Kéier a Gefor: d'Pressefräiheet hei zu Lëtzebuerg.

D'Polariséierung vun engem Deel vun onser Gesell- schaft, Här President, ass e Virus, dee sech an de leschte Joren ëmmer méi verbreet huet an och nach ëmmer méi staark Symptomer provozéiert. All friddlech Gesellschaft berout op gemeinsame Wäerter a Rechter an op engem gemeinsame Ver- steedsdemech vun enger Rei Fakten, déi als eta- bliéiert ugesi ginn an net permanent kënnen a Fro gestallt ginn. Dës Fakte sinn am Fong d'Fundament vun onsem Contrat social, also der Aart a Weis och, wéi mir zesummeliewen.

Déi, déi den Zweifel an de Käpp séien, wat déi Fak- ten ugeet, déi enger Regierung an enger Chamber ënnerstelle wëllen, géint d'Vollek wëllen ze schaf- fen an de Bierger wëlle Schued zouzefügen, déi schwäche bewosst déi kollektiv Immunitéit géint dës geféierleche Virus. Si attackéiere bewosst d'Grondpiliere vun onser Gesellschaft. Genee wéi beim Covid kënne mir och dës Virus just als Ge- sellschaft zesumme bekämpfen.

Ech wëll dofir och op dëser Plaz en Opruff u jid- deree maachen, dee bereet ass, konstruktiv u en- ger Léisung vun dësem Problem matzeschaffen: Loosst ons zesummen der Polariséierung an der Radikaliséierung de Kampf usoen, ugefaangen hei an der Chamber! D'Regierung ass bereet, mat all de Parteien zesammenzeschaffen an ze diskutéieren. D'Regierung wäert dofir och en Débat de consulta- tion ufroen. Mir wëlle mat Iech alleguer zesummen e gemeinsame Plang ausschaffen, mat deem mir géint d'Polariséierung a géint d'Radikaliséierung wëlle virgoen, déi, déi offline stattfënnt, wéi och déi, déi online stattfënnt.

Mir wëlle beim Ausschaffe vun dësem Aktiouns- plang och op den Input vun all den interesséierten Acteure souwéi och op d'Hëllef vun nationalen an internationalen Experten zréckgräifen. Dësen neien Aktiounsplang kënnst vläicht e bësse spéit, fir déi aktuell Polariséierung ze ënnerbannen, mee et ass ni ze spéit fir ze handeln an och, fir et besser ze maachen.

Här President, Intoleranz, Haass a Gewalt hunn zu Lëtzebuerg keng Plaz!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Loosst ons dës Message och kloer no baussen droen, well zesumme si mer staark an dat ass eis Stärkt gewiescht!

Ech soen Iech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

### (Applaudissements)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech soen dem Här Premierminister Merci a ginn Akt vu senger Dekla- ratioun.

Mir kommen elo zum uschléissenden Debat. D'Rie- dezäit vun dëser Debatt ass e Modell 1 élargi. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Martine Hansen, den Här Gilles Baum, den Här Georges Engel, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Nathalie Oberweis, den Här Sven Clement, den Här Laurent Mosar, den Här Claude Lamberty, d'Madamm Stéphanie Empain.

Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

### Débat

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President. Déi Biller vum Weekend, déi opgelueden Atmosphär vu Gewaltbereetschaft, den Opruff zum Haass, och an de soziale Medien, dat ass definitiv erschreckend. Dat mécht Angscht. Dat mécht och nodenklech. A virun allem, an dat wëll ech hei ganz kloer soen: Dat ass net ze toleréieren an dat ass net ze akzeptéieren! Als CSV verurteele mer dësen Haass, dës Gewalt a Gewaltbereetschaft op dat Al- lerschäerfst!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Jo, mir sinn an enger Demokratie a mir hunn eng Meenungsfräi- heit. Dozou sti mer och. A mir hunn och e Recht op Demonstratiounen. Dat ass en immens wichtegt Instrument, wat mer an eiser Demokratie hunn. Mee mir sinn awer an enger Demokratie an do gëlle Ree- gelen. Mir hunn e Rechtsstaat. An déi Reegelen, déi gëllen - dat ass relativ einfach - fir jiddwereen! An do muss jiddweree sech drun halen. Well en Ugrëff op dës demokratesch Grondprinzipien, dat ass de- finitiv en Ugrëff op eis alleguer. An dofir soen ech et kloer: Et geet elo duer!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Mir hunn ee ge- meinsamt Zil, géif ech emol mengen: Dat ass, déi Pandemie endlech lasszeginn. A fir déi Pandemie endlech lasszeginn, mussen mer den Impftaux an d'Luucht kréien.

Ech krut haut nach eng Kéier bestätegt, datt leider op verschiddenen Intensivstatiounen erëm méi Jon- ker leien. Jonker, Netgeimpfter. An dat ass drama- tesch! Ech denken, datt mer müssen zesumme-

schaffen, fir dës Pandemie endlech an de Grëff ze kréien.

An dee Saz: „Et geet elo duer“, dat ass e Saz, deen Der och an de soziale Medien elo a Ieschter Zäit e bësse méi dacks héieren hutt. An ech menge wier- lech, dat ass e Saz, dee vill méi Leit doheim - vläicht déi sougenannt schweigend Majoritéit - ge- duecht hunn.

Oder, wéi de François Aulner et gëschet op RTL for- muléiert huet: „Wëll hei tatsächlech eng Minoritéit vu gewaltbereete Leit der Majoritéit vun de Leit hir Visioun vun der Welt imposéieren?“

Abee, Här President, et ass u sech och un der Zäit fir déi schweigend Majoritéit vun alle Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, déi schaffen, déi liewen, dat och haart ze soen. An dofir soen ech et als Volleks- vertrieeder: Et geet elo duer!

Et geet bis op iergendeng bestëmmte Linn. An dann ass et: Stopp! Déi Linn ass awer scho längst iwwer- schratt an dofir mussen mer wierklech kloer hei soen: Dat doten ass net ze akzeptéieren! Hei zu Lëtzebuerg gi mer net esou mateneen ëm. Hei zu Lëtzebuerg maache mer net einfach esou Saache futti. Hei zu Lëtzebuerg stierme mer keng Chrëscht- mäert, wou Famillje si mat hire Kanner. Do hätte kënnen nach aner Saache passéieren. Ech mengen, an der Pressekonferenz ass gesot ginn: „Gottsei- dank ass kengem Mënsch eppes geschitt!“

An hei zu Lëtzebuerg terroriséiere mer och keng Leit - och keng Leit, déi d'politesch Verantwortung hunn - virun hirer Hausdier.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Hei bei eis zu Lëtze- buerg droe mer Meenungsënnerscheeder - an där sinn do, där hu mer och dacks hei an der Chamber - friddlech an ziviliséiert aus.

An ech si wierklech entsat, an ech mengen, dat si ganz vill Leit hei zu Lëtzebuerg, iwwert déi Vergläi- cher mat deenen däischerste Stonne vun der Ge- schicht, mam Zweete Weltkrich, mam Naziregimm. De Mëssbrauch vun eisen nationale Symboler, wéi der Gëlle Fra, wat jo awer e Monument ass, fir un déi gefale Lëtzebuerger Zaldoten ze erënnere, ass am héchste Mooss verwerflech!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- An hei si mer ganz no bei der Fondatioun fir d'Erënnung un d'Shoah, déi jo och déi Virfäll vum Weekend a virun allem awer de Mëssbrauch vum Juddestär schaarf kriti- séiert huet. Wéi d'„Tageblatt“ et geschriwwen huet: De QR-Code ass kee Juddestär!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Et muss ee wierk- lech soen: Wéi krank muss ee sinn, fir esou e Ver- glach ze maachen?

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Här President, mir hunn hei zu Lëtzebuerg gottseidank nach Iwwer- liewender vum Zweete Weltkrich. A fir déi Leit, déi déi schlemm Zäit matgemaach hunn, ass esou e Verglach vun dëser Zäit mat där vum Naziregimm eng riicht an d'Gesicht an ass vun eis alleguer hei- bannen net ze akzeptéieren!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- An dann, Här President, wëll ech awer och genauou kloer soen: Hei zu Lëtzebuerg kann een net stëppelen an herno esou maachen, wéi wann een näischt domadder ze dinn hätt.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

### (Applaudissements)

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- An do soen ech: Do huet jiddereen heibannen, jiddereen - all Deputéier- ten, all Fraktioun, d'Regierung och, all Partei - seng Verantwortung ze droen. A well ech normalerweis net laang ronderëm de Bräi schwätzen, soen ech och, ëm wat et geet: Verschidden Äusserungen, Posten, wéi d'ADR, wéi den ADR-Deputéierten, den Här Reding, se déi Ieschte Zäit gemaach huet, sinn net ze akzeptéieren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Aussoe wéi: „Ech fueren elo a Südafrika a bréngen duussen Omicron mat. Gratis. A fir de Rescht streiken ech“, Dir Dam- men an Dir Hären, dat vun engem Volleksvertrieeder! Dat geet net. Dat ass net ze akzeptéieren. E Vol- leksvertrieeder dierf hei net nach zousätzlech Ueleg op d'Feier geheien. An dat heiten ass Ueleg op d'Feier gehäit. Och do kann ee soen: Et geet elo duer!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Den Här Reding huet dann och - ech mengen, de Premierminister huet et gesot - e Privatnummero vun engem „Tageblatt“-Journalist publizéiert, deen, mengen ech, net dem Här Reding senger Meenung war. Dee Journalist, dee krut herno Messagë mat Droungen. Och dat ass eppes, wat net ze akzeptéieren ass. Et





gëtt vun der Journalistenassociatioun och schaarf kritiséiert. An ech mengen, d'„Tageblatt“ huet och juristescht Schrëtt net ausgeschloss. Dat däerfe mir als Chamber net toleréieren. Dat ass engem Volleksvertreieder net würdeg.

A mat där Meenung sti mer net eleng. De Chefredakter vum 100,7, de Jean-Claude Franck, sot sënn-geméiss - ech hunn et net honnertprozenteg opgeschriwwen -: Wie sech als Volleksvertreieder esou dernieft behëlt, dee muss seng Konsequenzen zéien.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Mee, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot, muss ee sech och froen: Wouhier kënnst déi grouss Onzefriddenheet? An hei schwätzen ech net vun de Verschwörungstheoretiker; well ech mengen, déi kréie mer net erfaasst. Mir dierfen nämlech op kee Fall de Feeler maachen, fir all déi Leit, déi demonstréieren, an een Dëppen ze geheien. Well net all Netgeimpften ass och e radikalen Impfgéigner oder Verschwörungstheoretiker. Dat wëll ech hei nach eemol ganz kloer soen.

Neen, vill vun hinnen hunn einfach Angscht! Si hunn och Froen. Et ass en neie Vaccin do. Et ass eng nei Aart vu Vaccin do. Et si Froen do. An déi Froe sinn dacks net beäntwert ginn.

An do kommen ech bei den zweete Punkt, Här President, an hei muss ech soen, huet d'Regierung, dat hunn ech schonn e puermol gesot, Feeler gemaach. Dat hunn de Claude Wiseler an ech schonn am Cercel gesot, mir hunn och entsprecheend Motiounen hannerluecht gehat. Mir hunn eng kloer Kommunikatiouns- an Informatiounspolitik gefrot gehat. D'Regierung hat et verpasst, fir kloer fir d'Impfung ze werben, fir matzäit ze informéieren, fir kloer ze kommunizéieren an ze informéieren.

Am Oktober hat de Premierminister annoncéiert, datt am Dezember, sou mengen ech, hat e gesot, en Impfstoff do wär. Den Impfstoff kouw dunn am Januar. Mee wat eebe vill méi schlëmm war: Déi Leit, déi hate Froen, vun Oktober un! Et sollt en Impfstoff kommen a si krute keng Äntwerten op déi Froen. Si si sech Äntwerte siche gaangen, natierlech um Internet. A si waren do, ratsch, an de Gräpp vun den Impfskeptiker. Dat ass definitiv schlecht gelaf.

Hei muss eis Regierung sech de Reproche gefale loosse, dës Suergen net direkt eescht geholl ze hunn. An et ass eebe leider esou: Den éischten Androck ass ganz dacks deen Androck, dee bleift. An eng virgefaasste Meenung ass schwéier erëm riichtzebéien.

Ben, ech hunn elo gesinn, datt d'Santé eng Informatiounscampagne lancéiert huet. Mee wéi gesot: Firwat eréischt elo?

Mee, Här President, ech wëll awer och hei nach eemol kloer ënnersträichen: Och dëst entschëllegt a kenger Weis d'Virgoe vun de Leit vun e Samschdeg. Radikaliséierung, Haass a Gewalt sinn net ze toleréieren.

Här President, ech kommen dann zu mengem drëtten a leschte Punkt. Mir sinn an engem Rechtsstaat. Mir hu kloer Reegelen. Do huet jiddweree sech drun ze halen. Dat hunn ech scho gesot. An an engem Rechtsstaat muss mer och d'Police esou outiléieren, esou opstellen, datt si kann derfir suergen, datt d'Reegelen agehale ginn.

An op dese Punkt wäert mäi Fraktiounskolleeg, de Laurent Mosar, herno nach eng kéier agoen, well hei stelle sech eng Partie Froen: Wien huet et organiséiert? Ware vläicht auslännesch Casseuren derbäi? Et ass vill „liberté“ geruff ginn. Ech fannen et scho ganz schlëmm, wann op esou enger Manifestatioun „liberté“ geruff gëtt, wou d'Fräiheet vun deenen aneren awer u sech mat zwee Féiss gerannt gëtt.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - A virun allem muss ee sech d'Fro stellen: Wéi si mer preparéiert, fir esou Ausschreidungen den nächste Weekend oder bei der nächste Demonstratioun ze verhënnern? Op de sozialen Netzwierker ass jo leider schonns erëm eng kéier massiv gedrot gi mat Aussoe wéi: „D'Manifestatioun de Samschdeg war nach moderat.“ Wéi gesot, de Laurent Mosar wäert op den Deel vun der Sécherheet agoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend nach eemol: Als CSV verurteele mer dat, wat de Samschdeg geschitt ass, op dat Allerschäerfst. Als CSV sti mer fir d'Meenungsfreiheet, fir d'Demonstratiounsrecht. Mee d'Fräiheet vun deem enge hält do op, wou d'Fräiheet vun deem aneren ufänkt. A Fräiheet ass kee Fräifaartschäi fir Gewalt!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Nach eemol: Et geet elo duer! A vun dëser Plaz wëll ech wierklech profitéieren an en Appell maachen, well mir wëlle jo zesummen dat Zil erreechen, datt mer där Pandemie lassginn. Dofir wëll ech u sech en duebelen Appell maachen.

Éischstens en Appell: Loosst Iech wannechgelift impfen! Mir si fest dovunner iwwerzeegt: Mir mussen den Impftaux an d'Luucht kréien, soss gi mer där Pandemie net Meeschter.

An en zweeten Appell: Och wann Der net averstane sidd mat de Mesuren, distanzéiert Iech, wannechgelift, vun der Gewaltbereitschaft. Distanzéiert Iech vum Opruff zum Haass a Macht net mat bei Demonstratiounen, déi vun esou enge Leit uestiwwelt ginn. Et ass eng kleng Minoritéit - ech hunn et schonns gesot, mir kënnen d'Demonstranten net all an een Dëppe geheien -, déi Haass verbreet a Gewalt uwent, déi zwar no Fräiheet rífft, dës Fräiheet awer wierklech mat Haass a mat Gewalt mëssbraucht a sech domadder ausserhalb vun eisen demokratesche Grondrechter beweegt.

Ech maache wierklech en Appell un Är Vernunft: Hëlleft mat, fir datt esou eppes, wat de Samschdeg geschitt ass, net nach eng kéier ka passéieren. A virun allem och, datt net nach Schlëmmeres ka passéieren.

Ech soen Iech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci der Madamm Martine Hansen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Här President, Kolleginnen a Kollegen, wéi ech vun deenen Evenementer de Samschden héieren hunn, hat ech direkt e schlecht Gefill, e Gefill, dass wierklech eppes Schlëmmes geschitt wär. An ech mengen, dat Gefill, dat hate mer alleguerst schonn. A mäi Gefill huet sech net geiert. De Samschden ass zwar net d'Chamber hei gestiermt ginn, wéi et am Januar an Amerika de Fall war, et ass och gottseidank kee Mënsch zu Leed komm. An nawell, nieft der Angscht, déi vill Leit muss gespuert hunn, déi do op der Plaz waren, war dat eendéitig eng Attack op eis Gesellschaft an eng Attack op d'Manéier, wéi mir hei zu Lëtzebuerg zesummeliwwen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Eng Minoritéit - an dat ass mer ganz wichteg ze ënnersträichen -, eng Minoritéit vun deene Leit, déi e Samschden demonstréiert hunn, profitéiert vun der Skepsis vis-à-vis vun der Coronastrategie, fir eis Demokratie a Fro ze stellen. An e puer vun de Porte-parolë vun deem - wéi nennt een dat? -, vun deem „Mouvement“ dobaussen, déi maachen och dorausser keen Heel. Ee vun hinne mengt an engem Interview mat reporter.lu, dass all Aart vu Gewalt gerechtfertegt wär, fir sech ze wieren. A weider: „D'Zäit, fir roueg ze sinn, ass eriwuer. Mir müssen haart sinn. Richteg haart. Mir dierfen net méi follegen.“ Ech wëll léiwer op weider Zitater, déi op de soziale Medien zirkuléieren, verzichten, fir deene Leit net och nach Reklamm ze maachen.

Kolleeginnen a Kollegen, d'Politik hei am Land steet fir Informatioun vis-à-vis vun deene Leit, déi net mat de Mesuren averstane sinn, voire och net mat der Impfung averstane sinn. Dat ass hiert Recht, genausou wéi et hiert Recht ass, fir dofir op d'Strooss ze goen. Dat ass dat, wat eng Demokratie ausmécht. An eis Demokratie ass stabill. Eis Demokratie ass staark genuch, fir domat eens ze ginn an och fir keng ëffentlech Diskussiounen ze scheien.

Dat mécht mir keng Angscht! An awer dierfe mer op kee Fall déi Excèsse vum leschte Weekend zouloossen an aus den Ae verléieren. E Samschde sinn an der Stad d'Grenzen op eng Manéier iwwerschratt ginn, déi mer net kënnen an déi mer net dierfen akzeptéieren. Déi aggressiv Manéier vu verschiddeenen Hardliner huet fir Angscht gesuergt. Et war, fir d'Leit ze féieren. Et si Knupperten niewent de Kanner gezünt ginn. An d'Gëlle Fra, d'Symbol vun eiser nationaler Fräiheet, ass profanéiert ginn. D'Press an d'Institutionen sinn diffaméiert ginn. De CovidCheck ass mam Juddestär verglach ginn an eis Impfcampagne ass mam Holocaust gläichgesat ginn. Dat ernënnert un déi däischterst Stonne vun eiser Lëtzebuerger Geschicht, un déi däischterst Stonne vun eiser europäescher Geschicht.

Esou eppes wëlle mir net méi zu Lëtzebuerg gesinn. Verschidde Leit sollte mol an e Geschichtscours goen. Verschidde Leit sollten e Buch liesen. A wa se dozou net fäeg sinn, da solle se e Film kucken.

(Brouhaha)

Dofir hu Generatiounen virun eis net nëmmen hir Gesondheet geaffert, si hunn hiert Liewe geaffert. Dass esou Vergläicher gezu ginn, dat ass net ze akzeptéieren. An dat dierfe mir nimools toleréieren. Nimools!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Kolleginnen a Kollegen, et ka sinn, dass mer d'Gewaltbereitschaft vun engem haarde Kär vun Demonstranten, vun enger Minoritéit - et ass mer wichteg, dat ze soen - vun Demonstranten, ech tituléiere se als Antidemokraten, vläicht eng Zäit laang ënnerschat hunn. Dee minimale gewaltbereeten Deel vun Dausende Leit,

déi awer friddlech demonstréiert hunn, huet eis dättelech gewisen, mat wéi mir et hei ze dinn hunn: an zwar mat Persounen ouni Respekt virun eisen demokrateschen Zesummeliwwen. Si mepriséieren eist Land a seng Manéier, déi, déi mir hunn, fir friddlech an am Respekt ee mat deem aneren eens ze ginn. Déi Leit trëppelen d'Fundamente vun eiser Liewensform, vun eiser Gesellschaft, vun eiser Demokratie mat Féiss. An dat loosse mir net zou!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Dat ware keng Schof, déi friddlech vun hirem Demonstratiounsrecht Gebrauch gemaach hunn. Et si Leit, déi sech virun e Wonspane gelooss hunn an op esou Rassemblementer d'Geleeënheet notzen, fir hirem Frust an hirer Onzefriddenheet fräie Laf ze loosse. Leit, déi sech vu Fakenews an awer och vu Feierstëppeler, vu Brandstëfter beaflosse loosse.

Den Här Reding, deen hei sëtzt, deen huet op de sozialen Netzwierker zum Widerstand opgeruff: „Wehrt euch, leistet Widerstand, denn der Winter zieht übers Land“, an d'Leit opgefuerdert, sech ze wieren.

Dir sidd politesch mat responsabel fir dat, wat e Samschden do geschitt ass.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - An et kann een nëmme vu Gléck schwätzen, dass kengem eppes geschitt ass. An Är Offer, Här Reding, fir de Virus aus Südafrika matzebréngen an hei ze verdeelen, dat ass eng Schan. Dat ass en Hon!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Et ass e Schlag an d'Gesicht fir all déi Leit, déi Dag fir Dag an de Klinicke schaffen, fir Liewen ze retten. Et ass e Schlag an d'Gesicht fir all déi Familien, déi e léiwe Mënsch duerch de Virus verluer hunn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - A wann ech Dir wär, géif ech mech schommen! A wann ech Dir wär, Här Reding, da wéisst ech ganz genau, wat ech ze maachen hätt. Ech wéisst ganz genau, wat ech ze maachen hätt. An ech géif haut nach meng Demissioun aus dëser Chamber schreiwen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Et geet elo duer! Déi Leit, déi d'ADR manipuléiert, hu kee Respekt verdéngt. A mir sollen hinne ganz séier hir Grenzen opweisen, mat alle Mëtelen, déi eise Rechtsstaat zur Verfügung stinn.

Ech hu vollst Vertrauen an eis Justiz, dass si déi néideg Schrëtt ënnerhëlt, fir deene Persounen hir Grenzen opzeweisen. Et geet hei net ëm d'Revanche, mee et geet ganz kloer ëm d'Anhale vu Reegelen a Gesetze, déi hei zu Lëtzebuerg an eise Rechtsstaat gëllen.

De juristesche Kader an engem Land ass dofir do, d'Zesummeliwwen esou ze reegelen, dass keen deem aneren op d'Féiss trëppelt an dass genuch Loft fir jiddwereen do ass, fir säi Liewen esou ze liewen, wéi en et wëll. Dës gëlle Reegel ass e Samschden ausser Kraaft gesat ginn. An et dierf net sinn, dass Leit mat Kanner deemnächst müssen Angscht hunn, fir an d'Stad ze kommen, wann nees eng Maniff annoncéiert ass. Dat huet et zënter ganz laangem zu Lëtzebuerg net méi ginn. An dat dierf et och an Zukunft net méi ginn!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Kolleginnen a Kollegen, wéi geet et elo virun? De juristesche Volet, dee wäert säi Wee goen. Onparteiesch an onofhängeg, wéi mir dat gewinnt sinn. An iwwert de Rôle vun der Police wäert mäi Kolleg Claude Lamberty e bësse méi spéit hei ze schwätze kommen.

Här President, Kolleginnen a Kollegen, déi ganz grouss Majoritéit vun de Lëtzebuerger, vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, huet sech impfe gelooss. A mir sollen déi an eise Discours och net vergiessen. D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei ass fest dovunner iwwerzeegt, dass mir op deem ausgeschloene Wee muss weitergoen! Geschter huet d'Impfwoch ugefaangen. D'Opklärungsarbecht fir de Vaccin an d'Impffoffere goufen nach eng kéier verstärkt. All eenzele Mënsch, dee sech impfe léisst, ass e Stéck vun der Léisung. Et gëtt wuel Leit, déi sech net wäerten iwwerzeege loosse, ma dat dierf eis Efforten awer net beanträchtegen, fir esou vill wéi méiglech Informatiounen weiterzeginn. Well nëmmen eng breetgefächert Impfung kann d'Léisung aus der Pandemie eraus sinn.

Kolleeginnen a Kollegen, Lëtzebuerg ass dofir bekannt, seng Problemer op eng demokratesch Aart a Weis ze léisen. Mir hu séier selte Streiker, Demonstratiounen. A gemengerhand gëtt mat vill Geschéck ëmmer gekuckt, op eng ziviliséiert Aart a Weis mateneen eens ze ginn. Dat war elo Joerzéngten esou an dat muss och esou bleiwen.

Dat gëllt och fir d'Sécherheet vu Privatleit, vu Politiker a vu Journalisten. Ech wëll net an engem Lëtze-

buerg liewen, wou e Minister, en Deputéierten, e Buergermeeschter oder iergendeng Persoun, déi politesch aktiv ass, Angscht müssen hunn, fir mat hire Kanner op d'Strooss ze goen. Esou eppes wëlle mir hei zu Lëtzebuerg net!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Total inakzeptabel ass och, wa Politiker sech doheem net méi kënnen sécher fillen a mat hirer Famill menacéiert ginn. E Samschde war dat de Fall. Dat dierf net méi gescheien.

Mir loosse eis och net beandrocke vu Journalisten, déi an hirem Geescht nach ëmmer an der Sowjetära hänke bliwwen sinn a wierklech alles duerjeegeheien a vun allem schwafelen. Ech kann där Persoun just recommandéieren, wa se vun Diktatur schwätzt, si soll e kleng Stage maache goen a Wäissrussland a si soll virum Haus vun Här Lukaschenko demonstréieren. Mol kucken, wat deen da vun der Diktatur a vun der Demokratie hält!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Kolleginnen a Kollegen, mir sinn de Samschde gerëselt ginn. Dat war net schéin an dat wëlle mir och net nach eemol erliewen. Mir wäerten dofir alles ënnerhuelen, datt Lëtzebuerg dat Land bleift, wou antidemokratesch an haasserfëllt Beweegunge mat alle Kräfte bekämpft ginn!

Dat an net manner muss eisen Usproch heibanne sinn. Mir hu keng Angscht a mir loosse eis demokratesch Wäerter och net mat Féiss trëppelen! Zesumme si mir méi!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gilles Baum. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dat wat e Samschden hei zu Lëtzebuerg geschitt ass, ass schäerfstens ze condemnéieren, ze kritiséieren an absolutt net ze toleréieren!

D'Land ass iwwert déi Biller a Videoen, déi een um Fernsee an an de soziale Medie gesinn huet, schockéiert. Mir liewen an enger Demokratie, déi Meenungsfreiheet groussschreift a respektéiert. Demokratie a Meenungsfreiheet si Fundamente vun eiser Gesellschaft an eise Land! Duerch dës Meenungsfreiheet muss ee sécherlech mat Kritik rechnen a se och akzeptéieren. Wa jiddere säi Recht op seng eege Meenung ausüben kann, muss eng Demokratie och verschidde Meenungen aushalen.

Do dernieft gesäit eis Verfassung och d'Demonstratiounsrecht fir all Bierger vir. Dëst soll och ausgeübt ginn, mee et gëtt Limiten. Et gëtt Limite vun all perséinlecher Fräiheet. An déi Fräiheet, déi hält do op, wou d'perséinlecher Fräiheet vun engem anere Matbierger ufänkt.

Mir beweegen eis also net an engem rechtsfräie Raum. Et gëtt Reegelen, un déi ee sech hale muss an déi e gesond Zesummeliwe garantéieren. An zu der Ausübung vun dëse Rechter gehéieren definitiv net Vandalismus, Aschüchterung, Bedroung, Haass a Gewalt.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - D'Iwwergrëffer vun e Samschde sinn net ze toleréieren! Leit doheem ze bedroen, ob Politiker oder net, dat geet net! An ass et en Zoufall, Dir Dammen an Dir Hären, dass sech de Mob grad bei engem bekennenden homosexuellen Premier oder bei enger bekennender Jüdin virun der Dier getraff huet? Oder huet dat Ganzt vill méi en déiwen, onheemlechen Hannergrond wéi déi kritiséiert Covidmesuren?

Ech kann hei dem Premier, der Familljeministesche, mee och all deenen anere Ministeren a jiddwerengem, dee sech mat senger Meenung engagéiert huet an a senger Meenung menacéiert gouf, eis onageschränkt Solidaritéit ausdrécken. Dir kënn ëmmer op eis zielen!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dir Dammen an Dir Hären, Leit, déi behaupten, si hätten keng Meenungsfreiheet a si géifen an enger Diktatur liewen, profitéieren hei vun eise fräie Rechtsstaat an eiser solidarescher Gesellschaft, fir hir Meenung ze soen, scho wochelaang. An, kommt Der selwer drop, wéi paradox dat ass? Kritik, jo, ka public sinn an op soziale Kanäl verbreet ginn. Mee Persounen, déi on-differenzéiert Kritik verbreden a sech iwwer eege Medienkanäl mat dëser Poleemik profiléieren, déi déi Mesuren elo a Fro stelle mat Videoen, déi keng Beweiser sinn a widderhuelen widderluecht ginn, jo, och déi kënnen sech hei net erausrieden, jo, och si si „geistige Brandstifter“, an déi sinn net ze akzeptéieren!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Mir befannen eis national an international nach ëmmer an enger ganz





sensibeler Situatioun. Duerch d'Verbreede vu Falschinformatione schëdden dës Brandstëfter Ueleg op d'Feier an aktuell ginn d'Covidmesurë ganz schaarf kritiséiert. Et ass awer nun emol esou, dass déi Mesuren en place gesat goufen, fir dem Virus entgéintzewierken an zum Schutz vun eis allequerten do sinn.

Dat ass d'Roll vun engem Politiker! D'Roll vum Politiker ass, d'Santé publique ze assuréieren, an dëst ass alles an engem ganz demokratesche Kader geschitt. Et ass virdu gesot ginn an ech weess net, ob et iwwerhaapt e Land gëtt - de Premier huet et selwer gesot -, wat alleguer seng Mesuren esou duerch d'Parlament goe gelooss huet, wéi dat zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass. Duerch de Staatsrot, vun de gewielte Vertrieeder vum Vollek sinn déi hei gestëmmt ginn! Dat ass e ganz demokratesche Prozess an deem ass ze respektéieren!

Fundamental national Symboler sinn ugegraff ginn a mëssbraucht ginn. Et si Leit op d'Gëlle Fra, eis national Gedenkstatu fir Krichsfräiwëlleger a Krichsaffer - e Symbol vun Fridde! -, geklotert an hunn d'Nazisymbolik do héichgehalen. An och op der Marche blanche vun deene leschte Woche sinn nationalsozialistesche Symboler aus de 40er-Jore gewise ginn. De gezunnene Vergleich ass absolut net ubruecht a muss bestrooft ginn. Eis Justiz muss a wäert och hei hir Roll spillen. D'Verharmlosung vum Holocaust loosse mer net zou!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och gär d'Bedroung uschwätzen duerch vun Drobréiwer, déi Leit kritt hunn. Ech géif och froen, wou mer do dru si mat der Justiz, ob deene Bedroungen do och Rechnung gedroe gouf an ob et schonn eng Reaktioun drop gëtt.

D'Manifestatioun vun e Samschde war net ugemellt, mee si war ugekënnegt. Et war gewosst, dass d'Versammlung géint ënner anerem d'Coronamesuren - ech kommen herno nach drop zrëck - an d'Decisiounen vun der Regierung géif stattfannen. An de soziale Medien ass dozou opgeruff ginn an eis Police wousst dat och a war - no den Explikatiounen, déi mer haut de Moien an der Interieurskommission kritt hunn - och préparéiert. Si huet awer och gesot, dass Feeler geschitt sinn, an ech ginn hei menger Hoffnung Ausdrock, dass d'Police fir déi nächst Manifestatiounen vun dësem Weekend dann och aus dëse Feeler vum leschte Samschde géleiert huet. De Premier huet jo schonn ugekënnegt, wat do vu Mesurë geholl gouf. An dass se et gutt kann, dat huet se jo och gewise bei anere Manifestatiounen, déi schonn hei zu Lëtzebuerg waren, wou aner Dispositiffen ausgepaakt goufe wéi elo e Samschden.

Et ass deemno, eegenen Aussoen no, Verschiddenes schifgelaf. Mir haten awer och esou eng Situatioun wéi déi heiten nach net an eisem Land. D'Policestrategie ass hei un hir Limitte komm. D'Beamten, déi sur place waren, hu sech un déi Deseskalatiounsstrategie gehalten an hinnen ass och absolut kee Reproche ze maachen. Deseskalatioun ass jo och richtig! Deseskalatioun ass richtig, mee d'Police muss awer och weisen, dass se prett ass anze-gräifen, wann et drëms geet.

Dëst muss eis eng Léier si fir d'Zukunft, dass Manifestatiounen net méi esou dierfen eskaléieren, wéi dat e Samschde geschitt ass. Hei muss definitiv séchergestallt ginn, dass d'Sécherheet vun all de Bierger garantéiert gëtt an dass Vandalismus u Monumenter an u Gebaier, déi Symbolik hunn, verhënnert gëtt.

Aktiounen wéi de Samschden, wou national Monumenter verhëönt gi sinn, wou de Stater Chrëschtmaart gestiermt ginn ass, léisen Angscht beim Bierger aus: Leit a Famillje mat kleng Kanner ginn op de Chrëschtmaart, fir sech ze erhuelen an ze ameséieren, an net fir Panik an Angscht musse mat heem ze huelen. Esou eppes dierf an enger fräier Gesellschaft net virkommen. A wa gesot gëtt: „Et ass näischt geschitt“, jo, et ass vläicht kee physisch zu Schued komm. An awer sinn hei Kanner, déi traumatiséiert sinn, Elteren, déi Angscht hunn, an och eeler Leit, déi sech net méi an d'Stad trauen, well se fäerten, si géifen aggresséiert ginn. An dat geet net!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Och wa just eng Minoritéit vun de Manifestanten zu dësen inakzeptablen Aktiounen gegruff huet, sinn déi Leit, déi zu dëse Versammlungen opgeruff hunn, och mat responsabel. Jo, et war keen homogene Grupp. Et waren der, déi géint d'Impfe sinn. Et waren der, déi géint d'Mesurë sinn. Et waren der awer och, déi géint d'Verfassungsreform sinn, déi géint de Staat sinn, déi géint d'Politiker sinn, déi géint alles sinn, géint Reegelen. Et ass e Sammelsurium vun Onzeфридене gewiescht, déi aus deene verschiddensten Ursaachen op d'Strooss gaange si fir ze manifestéieren.

Natierlech sinn net all déi Leit, déi un der Manifestatioun deelgeholl hunn, radikal Casseuren, déi gewaltbereet sinn. Et ass eng Minoritéit gewiescht.

An awer muss jiddwereen, Dir Dammen an Dir Hären, jiddwereen, deen un der Manifestatioun de Samschden deelgeholl huet, sech och bewosst sinn, dass, wann en niewent Leit geet, déi Nazisymboler droen oder déi den Holocaust verleugnen, an hien net dorobber reagéiert, en da muss wëssen, mat wien en do zesumme geet. An e muss och wëssen, ënner wéi ee Fädel dass e sech stellt! Domadder hu si och eng Responsabilitéit!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - An e grouse Merci wéilt ech hei och un d'Press ginn, déi eis wierklech hei muss hëllefen, géint déi an de sozialen Netzwerker verbreete Fakenews virzegoen. D'Press spillt hei eng ganz wichteg Roll an duerfir ass all Veronglimpfung vun der Press absolut net ze toleréieren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - An dann un déi Leit, déi hei am Doppelagententum jo ganz gutt sinn, zu menger Rietser: Jo, och Dir sidd mat responsabel. Iwwer Motiounen hutt Der am Dezember 2020 schonn ugefaangen, Ueleg op d'Feier ze schëdde mat Angscht maachen, mat Aussoen iwwer verkierzten Zouloossungsprozedure vun deem Vaccin, iwwer Laangzäitwierkungen, iwwer Uwendungen beim Mënsch, déi ganz geféierlech sinn. Angscht ass geschüürt ginn. Angscht a Skepsis si verbreet ginn, dass hei eppes onkauscher wär, dass hei eppes gemaach géif gi géint d'Leit. Nieft där Motioun huet d'ADR och nach eng ganz Rei vu Question-parlementairen do gestallt, iwwert d'Afrostelung vun de Masken, d'Geféierlechkeet vun de Masken, d'Geféierlechkeet vun den Teststäbercher. An am selwechten Otemzuch ass och direkt dann de 5G mat all senge Gefore matdrabuecht ginn - genau dee Langage, dee sech an enger gewëssener Zeen hei zu Lëtzebuerg breetgemaach huet.

A féierend Leit aus dëser Partei hu gesot: „Jo, wann et dem Land schlecht geet, da geet et eis gutt, eis als Partei.“ Dat ass nämlech genau d'Zil vun där Partei: d'Spléckung vun de Leit. Dat ass d'Zil! Esou maache se et och bei der Verfassung!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Esou maache se et och bei der Verfassung, well do huet och schonn de Roy Reding gesot, et wäer grueleg Saachen, déi an där Verfassung géife stoen. Eng Ligen op déi aner kennt an hire Versammlungen zur Verfassung! Ech soen der nëmme sechs Stéck: Muer krite mer alleguerte verbueden, Hausdéieren ze hunn, gëtt gesot ...

(*Hilarité et interruption*)

... - dat soen déi vum ADR -, dass ee Sous-locataire misst a säin Haus ophuelen, wann dat Haus ze grouss wär, dass d'Ausländerwalrecht iwwert d'Hannerdier géif agefouert ginn, ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... dass engem seng Kanner géifen zwangsgeimpft ginn, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Kartheiser, den Här Engel ...

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Nee!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - ... huet d'Wuert a soss keen!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Mir hunn eng Fro ze stellen.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Nee!

■ **Plusieurs voix.** - Nee!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Nee, Dir gebraucht et souwisou just, fir e Video ze maachen, deen Är Positioun am beschte bréngt an all déi aner Positiounen veronglimpft!

(*Brouhaha général et interruptions*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Engel huet d'Wuert.

(*Brouhaha*)

Den Här Engel huet d'Wuert!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... dass eis Kanner géifen zwangsgeimpft ginn, ...

(*Brouhaha*)

... dass eis Kanner géifen indoktrinéiert ginn an dass d'Verfassung liewensfeindlech wier. Dat si Saachen, déi ginn op ADR-Manifestatiounen gesot!

E Samschden un der Spëtzt vun där Manifestatioun waren och Leit vum ADR mat derbäi an déi hu sech bis haut nach net desolidariséiert vun där Gewalt, déi e Samschden do ofgelaf ass. An dann d'Äusserungen - ech soen et nach eng Kéier, et ass schonn e puermol hei gesot ginn - vum Roy Reding, dass en a Südafrika fiert a vun do en duusse Virus géif mat heihinnerbréngen. Ma dat ass eng riicht an d'Gesicht vun all deene Leit, déi sech Dag fir Dag an de Spideeler op den Intensivstatiounen vrecktschaffen, fir d'Leit ze retten! An Dir kommt mat esou engem Blödsinn heihinner! Dat ass net ze akzeptéieren!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - A mat e bëssen Eier, wann een e bëssen Eier huet an e bëssen eppes op sech hält, da géif een haut - haut direkt! - seng Demissionen hei schreiwen aus dësem Haus!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Gleeft net deenen Demagogen! Haalt lech un d'Wëssenschaft an un déi Leit, déi eppes kennen. Déi hei gehéieren net dozou!

Si wëllen déi politesch Schierbelen an hunn domadder déi geruff, déi déi richtig Schierbele verursaacht hunn. Mir wäerten eis net aschüchtere loosse. Nee, Dir sidd net d'Volk. Nee, Dir sidd net d'Majoritéit. D'Solidaritéit an den Zesummenhalt wäerten ëmmer méi staark si wéi d'Gewalt. Et geet déck duer!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

(*Applaudissements*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Georges Engel. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

(*Interruption par M. Fernand Kartheiser*)

Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

Här Kartheiser, Dir kritt herno d'Wuert! Dir sidd ageschriwwen an der Riednerlésch ...

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Et ass just ... Här President, et ass just, well an eiser Chamber net geklappt gëtt!

(*Brouhaha et exclamations*)

■ **Plusieurs voix.** - Nee!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Kartheiser, Dir kritt herno d'Wuert ...

■ **Une voix.** - Voilà.

■ **M. Claude Haagen (LSAP).** - Warscheinlech gëtt dann net geklappt.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - ... an et ass elo un der Madamm Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här Kartheiser, ech hunn och geklappt. An ech stinn dozou!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Membere vun der Regierung, fir direkt kloer ze sinn: déi gréng bekenne sech onmëssverständlech zum Versammlungs- a Manifestatiounsrecht an zum Recht op fräi Meenungsausserung, dräi Grondrechter, déi fest an eiser Verfassung verankert sinn a verankert bleiwen. Dat wat de leschte Weekend an der Stad virgefall ass, huet dës Grondrechter däitlech iwwerschratt a virun allem och d'Grenzen. Mir hu musse materliwen - et ass scho beschriwwen ginn -, wéi en aggressive Mob, also eng opgewigelt Schar vu Mënschen, duerch d'Stad gezunn ass an Angscht a Schrecke verbreet huet, wéi organiséiert Casseuren an hir gewaltbereet Unhänger virun der Chamber, enger vun de wichtegsten Institutionen vu Lëtzebuerg, randaléiert hunn, déi zwee Stater Chrëschtmaert gestiermt hunn an ëffentlecher Gidder beschiedegt hunn.

Mir hunn erlieft, wéi eng perfid Mëschung vun Impfgeigner, Coronaleegner, Verschwörungsgleewegen, Rietsextremen oder awer einfach Matleefer dat historiescht an héich symbolescht Friddensmonument vun der Gëlle Fra, dat un d'Affer vun de vergangene Kriecher erënnert an un d'Resistenz, mat engem Juddestär veronglimpft hunn a wéi dës perfid Schar bewosst e Lien hiergestallt huet tëscht der Bekämpfung vun der Pandemie an der Zwangskennzeichnung vun de jiddesche Matbierger am Drëtte Räich. Zu Recht huet déi Lëtzebuerger Fondatioun fir d'Memoire vun der Shoah sech gëschter mat schaarf Wieder zu Wuert gemellt an dës Aktioun an aller Däitlechkeet condemnéiert.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - De leschte Samschden hu mir awer och erlieft, wéi d'Famille mat Kanner ëm hir Sécherheet hu musse fäerten a verständlecherweis panikéiert hunn. Eigentlech muss ee sech froen, wat an de Käpp vun deene Kanner virgeet. An der Schoul léiere se, wat Begrëffer wéi Demokratie, Solidaritéit, Respekt an Toleranz bedeuten. Op de Stater Chrëschtmaert hu se dann awer déi traureg Erfahrung musse maachen, dass Erwuessener, déi eigentlech hiert Virbild solle sinn, dës Grondwäerter a Prinzippe mat aller Wucht mat Féiss gerannt hunn. Do kann ee just soen: Bonjour les dégâts!

Net manner verwerflech sinn déi organiséiert Aschüchterungsmethoden, déi virum Premier senger Wunneng stattfont hunn a sech e puer Deeg virdrun och virun der Familljeministescher hiner Wunneng bemierkbar gemaach hunn.

D'Fro, firwat grad dës zwee Politiker nees getrafft waren, ass mat zwee Wieder beäntwert, léif Kollegen a Kolleegeen: Déi Wieder heeschen Homophobie an Antisemitismus.

■ **M. Charles Margue (déi gréng).** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - An et sinn och dës zwee Wieder, déi stellvertriedend sti fir eng mënscheveruechtend Entwécklung, déi zu Lëtzebuerg ëmmer méi grouss Ausmoossen unhëlt a géint déi mir mat alle legale Mëttele musse kämpfen an eis wieren. Dës Aktiounen a Methode si kee Kavaléiersdelikt a gehéieren och net zum Répertoire vum rechtsstaatleche Fonctionnement.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Villméi handelt et sech hei ëm Aktiounen a Methoden, déi un déi däischterst Kapitele vun der Geschicht vun der Mënscheit erënneren a fir eis, grad wéi fir déi meescht heibannen, inakzeptabel sinn.

An deem Sënn drécke mer net nëmmen lech, Här Premierminister, mee och der Familljeministesche eis vollst Solidaritéit aus, dann awer och all den Elteren, Kanner a Jonken, fir déi de Besuch um Chrëschtmaart zum Albdram ginn ass, an net ze vergiessen och de Forainen, déi net nëmme psychesch, mee och finanziell ënner esou gewalttätegen Aktiounen ze leiden hunn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass och eis bewosst, dass net jiddwereen, deen de Weekend matgelaf ass, fir säin Onmut iwwert d'Coronareegelen auszedrëcken, gewalttätig Intentionen hat an op Zerstéierung aus war. Trotz allem muss et de Bedeelegten awer bewosst sinn, dass dës Manifestatioun net ugefrot war an dass se duerch d'Mat- an d'Handendralafe radikal Tendenzen ënnerstëtzt hunn an hinnen eigentlech domat och eng Legitimation verpasst hunn.

Eis Hoffnung ass jiddwerfalls grouss, dass zumindest dës Persounen, an dat sinn der bestëmmt vill, an Zukunft hir Verantwortung iwwerhuelen a sech vun deenen diffus zsummegeesaten an onugefrote „Saturday-for-Liberty“-Kundgeebungen ouni offiziellen Usprechpartner an ouni offiziellen Organisateur distanzéiere wäerten an all Verstouss géint d'rechtsstaatlech Prinzippe condemnéieren. Dat ass jiddwerfalls den Appell, deen och mir als Gréng un dës Persounen riichten. Anerer hunn et och scho gemaach.

Dir Dammen an Dir Hären, ënner anerem an Holland, Italien an Däitschland hunn déi éischt Prozesser géint d'Initiatoren an déi gewaltbereet Matleefer vu sougenannte „Spadséiergänger“ géint de Rechtsstaat schonn ugefaangen, well dës ondemokratesch a kriminell Entwécklungen an deene Länner net toleréiert ginn. An och zu Lëtzebuerg wäert de Prinzip vun der Nulltoleranz géint iwwer Gewalt, Haass, Zerstéierung an Aschüchterung sech durchsetzen. Dovu si mir iwwerzeegt!

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Aus deem Grond begreisse mir net nëmmen, dass déi éischt Enquëten zu Lëtzebuerg scho lafen, mir begreissen och, dass d'Police hir Sécherheitsdispositiffe wäert verstärken. An et ass meng Fraktiounskolleegin, d'Stéphanie Empain, déi herno an hiner Intervention nach méi am Detail op de Volet vun der Sécherheet wäert agoen.

Ech wéilt awer nach eng Suerg lassginn. Et ass déi, dass déi haart Minoritéit vu Randaléierer, Fakterverdreier a Verschwörungsgleewegen ufänkt, e gewësSENT Selbstbewosstsinn ze entwëckelen. Mat fräier Meenungsausserung huet dat näischt ze dinn an hanner dës faschistoiden Opmärsch steet och keng friddlech Intention.

Déi eigentlech Intention, Dir Dammen an Dir Hären, besteet villméi doran, eng militant Rhetorik durchzusetzen an den Androck entstoen ze loosse, wéi wann déi politesch Verhältnisse zu Lëtzebuerg net méi stabil wäeren. Esou e Verhale verdéngt keng Gnod a kee Pardon a brauch eng bedéngungslos Äntwert vum Rechtsstaat, mat all deene legale Mëttelen, déi mir zur Verfügung hunn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Dobäi schielt sech ëmmer méi eraus, dass déi grouss Majoritéit vu Biergerinnen a Bierger, déi längst hir Verantwortung an dëser belasschtender Kris iwwerholl hunn, keng Stëmm hunn an ufänken, sech ausgelievert ze fillen. D'Aufgab vun der Politik muss et also sinn, déi grouss Majoritéit vu Mënschen ze schützen, déi net un dësen illegalen Aktiounen a Märsch bedeelegt sinn. An dat sinn der Dausenden an Dausenden.

Mir müssen hinnen eng Stëmm ginn an och a Pandemiezäiten déi Wäerter héichhalen, Dir Dammen an Dir Hären, déi eist Land zanter Joerzénkten auszeichnen. An dat si Verantwortung, Zesummenhalt a Solidaritéit.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - An et sinn och dës Wäerter, déi am Ufank vun der Pandemie queesch duerch d'Gesellschaft zum Ausdrock kou-





men an net vu Brandstëfter a Randaléierer zer-stéiert däerfe ginn.

A wa mer da scho vun der Verantwortung vun der Politik schwätzen, da mussen mer och e Bléck an d'Chamber geheien, an dëst héicht Haus, wat sech der Demokratie verpflichtet huet an net dem Zynismus an der Schan.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Zynismus be-deit, laut offiziellen Definitionen, eng mënscheveruechtend, respektlos a verletzend Haltung vis-à-vis vun aneren. Also genee déi Haltung, déi ee bestëmmt Volleksvertreider mam Numm Roy Reding un den Dag leet, wann en de Virus komplett ver-harmloost an ëffentlech zum Streik oprëfft.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Wuel wëssend, datt weltwäit schonn iwwer 5 Milliounen Mënschen um Virus gestuerwe sinn an datt d'Santéspersonal a ville Länner un der Limitt vu senger Belaasch-tungsfäegkeet ukomm ass. Dovu seet e kee Wuert.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Jo, deen Depu-téierte léisst souguer op ëffentleche Kanäl verlau-den, eng Variant vum Virus gratis aus Südafrika mat op Lëtzebuerg ze bréngen. Ech sinn net dat Éischt, wat et seet.

(Interruption)

An dee selwechten ass sech och net ze schued, fir d'Donnéeë vun opgeklärten, engagéierte Journa-listen am Internet ze verbreed, fir och dës Per-sounen ze intimidéieren. De Journalisteverband huet scho mat scharfer Kritik reagéiert a fënnt eis voll Ënnerstëtzung, grad wéi och de betraffene Journalist vum „Tageblatt“.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Aktiounen wéi dës an anerer sinn an eisen Aen net nëmmen de Gipfel vum Zynismus a vum Netrespekt vun eise Grondwäerter a Prinzippien, se sinn eng Schan an e Verhalen, wat mer als Gréng ganz kloer condam-néieren. Well et ass notament dëst Verhalen, Dir Dammen an Dir Hären, wat der Radikaliséierung den Terrain preparéiert, der Radikaliséierung Op-wand verschaaft an hir eng Legitimation iwwert.

Esou en Deputéierten ass dann och nach President vun der Règlementskommission vum der Chamber a soll hei an dësem Haus derfir suergen, datt d'Ree-gelen agehale gi respektiv och nach verbessert ginn. Esou e President gehéiert ofgesat, ...

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- ... wann en net selwer demissionéiert!

Net vill anescht ass et bei gewielte Volleksvertrie-der an hiren Akolythen aus deene selwechten Donstkreesser, déi op ëffentleche Versammlungen demonstrativ applaudéieren, wa Verschwörungstheoretiker bewusst en Amalgam maachen tëscht Impfung, Kannerrechter, staatlecher Virsuerger a Ver-fassungsreform.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- A si maachen et och selwer, d'Volleksvertreider hei op menger ganz rietser Säit. An dat eenzeg an aleng mam Zil, d'Fakten ze verdréien, d'Wourecht ze verfälschen, Onsécherheeten ze streeën an eis Grondwäerter a Rechtsprinzippien iwwer Bord ze geheien. Dat loosse mir net zou!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Dozou gehéiert notament och dee Volleksvertreider, dee sech net ze schued ass, fir an der Chamber am Kostüm vum onschëllege Scheefchen demokratieverbonnen op-zetrieden, während en dobaussen am Kostüm vum Wollef ronderëmleefft, dee kee Problem huet, wann e Vertreider aus senger eegener politescher Zunft zum Streik oprëfft an domat eng änlech Strategie verfollegt wéi d'Rietsextremisten an anere Länner.

Dir Dammen an Dir Hären, an Italien huet sech erausgestallt, datt déi rietsextremistesche Partei, d'Forza Nuova, eng dreiwend Kraaft hannert de gewaltsame Protester war. An deem Land hunn d'Protester zu der Verwüstung vun der gréisster Gewerkschaftszentral gefouert an zu der Zerstéie-rung vun enger Noutopnam vun engem Spidol. De Stuermer op de Sëtz vum Ministerpresident konnt zum Gléck verhënnert ginn.

An Däitschland, mee och an anere Länner, huet e ng rietsextremistesche Gruppéierung sech als Mobi-lisierungsmaschinn vun der Protestzeen eta-bliert. De staatleche Behörden no ass dës Grup-péierung verantwortlech fir déi wuessend Gewalt-bereitschaft, notament innerhalb vun de Protest-märsch, oder besser gesot de „Spadséiergänger“, wéi et op de sozialen Netzwierker heescht, e Wuert, wat een op Franséisch als „marche“ bezeechne kéint. Esou Spadséiergänger, oft mat Fakelen ausgestatt, gi beispillsweis a Sachsen organiséiert, wou se mëtt-

lerweil zur Strategie vun antisemittesche Verschwö-rungsideologe gi sinn a wou d'Sozialministerin Petra Köpping en änlecht Schicksal erlieft huet wéi eise Premier de leschte Samschden.

D'Wirkung vun där Strategie entfaalt sech virun allem iwwert de Messengerservice mam Numm Te-telegram, wou ënner anerem neonazistesche Politiker aus Däitschland hir digital Heemecht fonnt hunn. Et ass bekannt, mëttlerweil huet dës Messenger-déngscht och zu Lëtzebuerg Fouss gefaast. An dat léisst déif blécken! Et weist „des Pudels Kern“, wéi de Goethe et géif ausdrécken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis hält dës geféierlech Entwécklung net dervun of, d'Pandemie weiderhin op Basis vu Fakten an op Basis vu wës-senschaftlechen Erkenntnisser ze bekämpfen an déi ëffentlech Gesondheet op eng rational Manéier ze schützen, och wann noutgedronge kee Wee laanscht zäitlech limitéiert Aschränkunge féiert. Se si ge-duecht, fir déi kollektiv Gesondheet ze schützen.

A mir sinn och weiderhin determinéiert, Dir Dam-men an Dir Hären, alles drunzesetzen, datt Lëtze-buerg net zum Näreuedem vu Verschwörungsideo-logien, Gewaltakten, Homophobie, Antisemitismus an anere mënscheveruechtende Stréimunge gëtt.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Well enges mussen mer eis bewusst sinn: Wa mer d'Pandemie iergendwann am Grëff hunn oder och nëmmen hal-leweegs am Grëff hunn, dann ass d'Gefor grouss, datt d'Verschwörungsideologe sech en neit Thema eraussichen, fir d'Gesellschaft weider ze desinfor-méieren an d'Mënsche géint eise Rechtsstaat opze-hetzen. Dozou dierf et net kommen! An dogéint wäerte mer eis schonn haut mat geballter Energie asetzen. An dës Energie gëtt ëmsou méi staark, wat déi demokratesch Kräfte besser zesummenha-len an eisem Land, fir d'Fundamenter vun eiser De-mokratie zesummen ze retten. Dat ass eist Zil an doru gleewe mir!

Merci der Regierung, merci, Här Premier, fir d'Dekla-ratioun, an där dëst Zil sech ganz kloer nidderge-schloen huet. D'Chamber schléisst sech un.

An ech deposéieren dofir och eng Resolutioun, an där mer déi Wäerter deelen, déi Dir hei presentéiert hutt. D'Resolutioun ass ënnerschrifft vu Vertreider vun DP, LSAP, Gréng, dat ass d'Majoritéit, an erfree-lecherweis, an dat begreissen ech ausdrécklech, och vun de Kollege vun der CSV, déi Lénn an de Piraten. D'Vertreider vun der ADR sinn net derbäi.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

#### Résolution 1

« relative aux incidents graves en marge de la mani-festation du 4 décembre 2021 à Luxembourg »

La Chambre des Députés,

- *considérant les débordements graves en marge de la manifestation contre les mesures sanitaires en date du 4 décembre 2021 à Luxembourg-ville ;*

- *rappelant que la liberté d'expression garantie par l'article 24 de la Constitution luxembourgeoise est limitée par les nécessités de l'ordre public et les bonnes mœurs ainsi que par le respect des droits d'autrui ;*

- *constatant qu'une autorisation pour l'organisation de cette manifestation publique faisait défaut ;*

- *considérant inacceptable le fait que certains participants ont forcé le passage de manière violente et ont envahi le marché de Noël sur la Place de la Constitution ;*

- *considérant les actes de vandalisme qui se sont produits devant le monument national Gëlle Fra, symbole de la paix érigé à la mémoire des person-nes mortes pour la patrie durant les deux guerres mondiales ainsi que des Luxembourgeois morts du-rant la guerre de Corée ;*

- *regrettant que, nonobstant les mesures sanitaires en vigueur, la majorité des manifestants n'a pas ob-servé le port obligatoire du masque et les autres mesures sanitaires ;*

- *s'inquiétant de la radicalisation et recrudescence de violence de certains participants,*

*condamne*

- *fermement les incidents graves qui se sont pro-duits en marge de la manifestation contre les me-sures sanitaires en date du 4 décembre à Luxem-bourg-ville ;*

- *les amalgames inacceptables entre les mesures sanitaires et l'Holocauste ;*

- *les tentatives d'intimidations répétées à l'encontre des organes de presse et des femmes et hommes politiques, en particulier devant leurs domiciles pri-vés,*

*s'engage*

- *à promouvoir la liberté d'expression dans le res-pect de l'ordre public et des droits fondamentaux de chacun ;*

- *à agir contre toute forme de discours de haine et de radicalisation.*

(s.) Josée Lorsché, Gilles Baum, Myriam Cecchetti, Sven Clement, Stéphanie Empain, Claude Haagen, Martine Hansen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech stelle fest, datt hei eng Resolutioun deposéiert ginn ass, déi ech nach net gesinn hunn. Vlächcht kéint mer jo d'accord si mat deem, wat do drasteet, mee mir hu se nach net ge-sinn. Demokratie, mengen ech, besteet och doran-ner, datt, wann ee wëllt, datt eng Resolutioun vun alle Parteie gedroe gëtt, ee vlächcht alle Parteien déi weist. Gutt.

Mir soen op jidde Fall mol dem Här Staatsminister Merci fir seng Deklaratioun. Et ass wichteg ze be-tounen, wat eis all an der Lëtzebuerger Politik - iwwer all Parteien ewech - eent a matenee verbënnt. An dat ass en onbedéngte Jo zu der Demokratie an en daitlechen Nee zu der Gewalt.

Dat, wat de leschte Samschdeg hei an der Stad ge-schitt ass, muss een differenzéiert gesinn. Mir stelle fest, datt déi risegrouss Majoritéit vun de Leit vollkomme friddlech manifestéiert huet. Si huet hiert demokratescht Recht op Meenungsfräiheet an op Demonstrationsfräiheet op eng friddlech a ver-antwortungsvoll Manéier benotzt, an dat kënne mir als ADR nëmme begreissen.

Geneesou kloer ass awer eis Positioun géintwuer-deenen, déi sech net un d'Reegele vun der zivili-séierter Demokratie gehalen hunn. Et geet net, datt ee Barriären ewechrappt. Et geet net, datt ee viru Privathaiser vu Politiker zitt. Et geet net, datt een en nationaalt Monument entweie. Dee Vergläich të-schent engem QR-Code an engem Juddestär weist, datt verschidde Leit d'Wiesen an déi kriminell Di-mensioun vum Nationalsozialismus net verstanen hunn. Fir eis ass dee Vergläich net akzeptabel.

De Jo zu der Demokratie an den Nee zu der Gewalt verbannen eis also. Mee wat gesi mir anescht? Wou leien d'Ënnerscheeder tëschent deem, wat den Här Staatsminister an aner Riedner gesot hunn, an der Politik vun der ADR?

En éischten Ënnerscheid ass vlächcht deen, datt mir eeben net probéieren, méiglechst vill Demonstrante matverantwortlech fir dat schlecht Behuele vun Einzelnen ze maachen.

(Interruption)

Mir wësse jo, ...

(Brouhaha et exclamations)

... datt Casseuren am Ausland ...

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Wou ass dat hei geschitt? Här Kartheiser, dat do ass erëm esou eng Ausso ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Mir wësse jo, datt d'Casseuren ...

(Coups de cloche de la présidence)

... aus dem Ausland kommen.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Här Kartheiser, ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ze daitlech, ...

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- ... dat do ass erëm esou eng Ausso, ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... ze daitlech ...

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- ... wou Der amgaange sidd ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, ...

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Wou ass dat geschitt, ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... Dir hutt mech virdrun net schwätze gelooss. Kënnt Der ...

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- ... wat Der elo grad gesot hutt?

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... wannechgelift och dat onmanéierlecht Behuele vun dem Här Kersch stoppen ...

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Jo, ech si gären onmanéierlech mat lech.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... an em soen, datt ech elo d'Wuert hunn?

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Ech stinn derzou, onmanéierlech ze sinn.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Mee ze daitlech ...

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Sot eis, wéi ee vun de Riedner dat gesot huet, wat Dir lo hei gesot hutt. Sot eis dat!

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Kartheiser huet d'Wuert a soss keen!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här Kersch, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An den Här Keup net, a soss keen.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... Dir schwätzt vun Demokratie a loosst mech emol hei net schwätzen.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Ech schwätze vu Manéieren.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Loosst mech schwätzen, Här Kersch, ...

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Ech si gären onmanéierlech, wann Der litt.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... ech loosse lech och schwätzen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Kersch, den Här Kartheiser huet d'Wuert.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- An ech wäert dat och an Zukunft sinn. Dir litt hei!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- D'Auer ass viruge-laf. Wann Der wannechgelift wéilt déi Stéierung of-rechnen.

■ **Une voix.**- Zéng Sekonnen.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ze daitlech ass déi Tentatioun, déi mir a ville Stellungnamen a Pres-seartikele gesinn hunn, fir elo esou ze maachen, als wären all déi, déi sech kritesch zu der Coronapolitik vun der Regierung positionéieren, irresponsabel an esouguer tendenziell gewalttätig. Et gëtt probéiert, eng Opposition géint d'Regierung ze diskreditéie-ren, se doduerch ze marginaliséieren, fir se duerno kënnen am ëffentlechen Diskurs ze deligitiméieren an dann auszuschléissen.

■ **Plusieurs voix.**- O!

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Mir erkennen un ...

(Coups de cloche de la présidence)

Dat ass net de Wee vun der ADR. Mir erkennen un, datt déi allermeescht vun deenen Demonstranten näischt anescht maachen, wéi hir Opposition zu der Regierungspolitik friddlech ze manifestéieren. An dat ass hiert Recht!

Mir huele si eescht a respektéieren hir Meenung. Mir setzen eis mat hiren Iddien auserneen a kucken als Partei, wou mir mat hinnen d'accord sinn, an och, wou net.

Mir wonneren eis, wéi elo och a ville Presseorganer probéiert gëtt, d'Responsabilitéit fir déi Manifesta-tioun vun e Samschdeg, inklusiv deene manner schéine Säiten, der ADR ze ginn.

(Interruption)

Ass dat, well mir der Regierungspolitik kritesch géintwuerstinn an eis Flichten als Oppositions-partei eescht huelen?

(Brouhaha)

■ **Plusieurs voix.**- Nee, nee!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- O dach!

Vlächcht och, well mir e Referendum iwwert d'Verfas-sungsreform wëllen, wou Dir Äert Wuert gebrach hutt an doduerch profitéiert elo, fir ...

(Protestations)

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Déi klengste Gei vun der Welt fir lech, Här Kartheiser!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Voilà!

(Coups de cloche de la présidence)

Oder well mir, ...

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Hei, wannechgelift, wannechgelift!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... oder well mir op d'Fräiwëllegkeet vun den Impfungen insistéie-ren!

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Dir litt d'Leit un.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ADR-Politiker goufen an der Press och perséinlech ugegraff. Den Här Reding wäert herno nach als Fait personnel sé-cher op Saachen äntwerten. Mee en huet schonn op viles geäntwert: datt hien näischt anescht wëllt, wéi datt d'Leit hire Choix behalen, ob si wëlle geimpft ginn oder net. Dat ass eng liberal Posi-tioun, keng Hetz!

(Brouhaha)

D'Madamm Mischel war bei der Demonstratioun vun e Samschdeg mat zwee Schëlter ënnerwee. An op deem enge stoung: „Impfen, jo, awer fräiwëlleg!“ Dat ass keng Hetz. Op deem anere Schëld stoung: „Fir e respektvollen Ëmgang mateneen, ob geimpft oder net.“ Dat ass keng Hetz. Dat ass esouguer de geneeë Géigendeel vun Hetz.

■ **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien!





► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- E respektvolle Mateneen. Verschidde Journaliste schreiwen autoritativ vu Rietsradikalen, vun deenen d'Police bis elo awer näischt weess. Op jidde Fall huet se eis näischt doriwwer gesot.

**(Interruption)**

Mir wësse just, datt verschidde Manifestanten aus dem Ausland koumen. Dat ass de Wëssensstand. Méi wësse mer net. An dofir froe mer eis: Wann d'Press méi weess, da soll se eis et soen. Mee soss ass dat jo fräi erfionnt. Dat gött et jo net! Dat däerf net sinn!

Et ass net vun ongeféier, datt de Vertrauensverlust an d'Press iwwert déi lescht Jore rapid wiisst. Mir maachen eis Suergen, ob Informatioun, Qualitéitsjournalismus an Objektivitéit elo an der nationaler an an der internationaler Presselandschaft wierklech de Standard sinn.

**(Interruption)**

Et ass kee Wonner, datt vill Leit d'sozial Medien nach als méi zouverlässeg gesi wéi en Deel vun der Press. Loosst mech dat hei soen, well ech zu deene gehéieren, déi sech ganz vill Suergen ëm eist Land maachen.

**(Exclamations et brouhaha)**

Datt d'Press Leit un en effentleche Pranger stellt, ass fir mech degoutant! Déi Leit hu kee Verbrieche gemaach. Si hunn eng aner Meinung. Kuckt emol d'„Tageblatt“ vun haut.

**(M. Fernand Kartheiser montre une page de journal.)**

Do gi Leit, déi absolutt näischt gemaach hunn, mat Artekele gewisen!

**(Brouhaha)**

A mat Foto gi se hei gewisen. Dat ass de mëttelalterleche Pranger! An dat sinn dacks ...

**(Brouhaha)**

... déi selwecht Presseorganer, déi dem Här Reding reprochéieren - a par inadvertance ...

**(Interruption)**

... huet en dat gemaach -, eng Telefonsnummer vun engem Journalist ze publizéieren, ...

**(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)**

... wéi déi, déi dann normal Bierger, ...

**(Interruption)**

... déi eeben eng Meinung hunn, déi dann dem „Tageblatt“ eeben net passt - bon, dat ass an der Rei -, hei mat Foto publizéieren. Mir sinn net méi am Mëttelalter. Dat do geet net!

**(Interruptions diverses)**

Ech hunn och perséinlech e Problem domat, wa Leit als „Schwurbler“, „Covidioten“ an esou weider bezechent ginn, dacks vun deene selwechte Leit, déi Demokratie, Respekt a Meinungsfräiheet priedegen. Ech fannen och villes intellektuell a moralesch bedenklech. Ech fänken awer net un, fir Leit, mat deenen ech net d'accord sinn, verbal ze erniddregen.

Loosst mech dat ganz kloer soen: D'ADR hetzt net, d'ADR verurteelt Gewalt, mee si huet eng aner Politik wéi d'Regierung! Mir sti konsequent zu der Fräiwëllegkeet vun den Impfungen. A fräiwëlleg heescht ouni Drock. Mir wëlle kee materiellen Drock op d'Leit ausüben duerch deier Tester, déi nëmme 24 Stonne gutt sinn.

Mir wëllen, esou wéi mir all, d'Pandemie bekämpfen a mir wëllen, datt jiddereen d'Geleeënheet huet, sech impfen an noimpfen ze looszen. Mir militéiere fir de massiven Asaz vu gratis Tester. Mir wëllen, datt de Staat am effentleche Raum, am effentlechen Transport, an de Schoulen an iwwerall do, wou et néideg ass, effikass Schutzmoossnamen hält.

Awer et gött och Saachen, déi mir net wëllen. Mir wëllen net, datt de Staat d'Grondrechter vun de Leit aschränkt oder sech an hiert Privatliwien amëscht. Mir wëllen net, datt ongeimpft Leit iwwer en 2G-System aus dem soziale Liwien ausgeschloss ginn. Mir wëllen net, datt d'Leit musse bezuelen, fir kënnen schaffen ze goen. Mir wëllen net, datt ongeimpft Leit zum Sündenbock vun der Pandemie erkläert ginn, well dat allerhéchstens eng Deelwouerecht ass. Mir sinn all Deel vum Problem! Mir sinn all Deel vun der Léisung! A mir kënnen eis all infizéieren! A mir kënnen all de Virus iwwerdroen! Jo, d'ADR ass géint eesäiteg Scholdzouweisungen an Ausgrenzungen.

A mir bleiwe bei enger wichteger Fuerderung, an dat ass déi, datt endlech d'Zuel vun de Spidolsbetter nees eropgesat gött. Dat ass d'Proposition de loi Jeff Engelen. Ech soen der Sozialistischer Partei hei ganz kloer: Si ka probéieren ofzelenken, wéi se wëllt, mee et ass ee vun deene gravéierendste Feeler an hirer Politik an deene leschte Joren, datt d'Zuel vun de Spidolsbetter virsätzlech ...

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Oflenkung! Schwätzt vun der Politik!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... erofgesat gouf. 2010 hate mer 2.821 Spidolsbetter, 5,6 op 1.000 Awunner.

**(Exclamations et brouhaha)**

2019 hate mer der nach 4,3 op 1.000 Awunner. Dat ass LSAP-Politik!

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Et si méi Better.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- A fir eis ass et en Test fir d'Madamm Lenert fir ze kucken, ob si sech elo mol an hirer eegener Partei duerchgesat kritt an déi Reform Mutsch réckgängig gemaach gött. Well haut, an do hutt Der Recht, sinn d'Spideeler iwwerlaascht a mir hunn e Problem op den Intensivstationen. Dat ass kloer. An dofir mussen och sanitär Moosshen geholl ginn. Mee Dir hutt en Deel Matverantwortung. Kuckt, datt Der de Spideeler d'Méiglechkeet gitt, sech esou anzerichten, datt se mat dem demografesche Wuesstum ...

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Schwätzt emol eng Käier mam Här Reding.

**(Coups de cloche de la présidence)**

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... kënn Schrëtt halen an datt genuch Reserven do sinn. Mir si mat dat eenzegt Land, no esou ville Joren LSAP-Gesondheetspolitik si mir mat ...

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Schwätzt mam Här Reding, dee bréngt de Virus mat.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... dat eenzegt Land, dat keng Reserven am Gesondheessystem huet.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Schwätzt mam Här Reding, ...

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- D'Südspidol kënn net!

► **M. Georges Engel** (LSAP).- ... dee bréngt de Virus gär mat.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- D'Militärspidol kënn net! Dir hutt komplett versot! A wann Der gär hätt, datt mer wierklech ...

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Oflenkung!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... e Gesondheetswiesen hunn, dat iwwerhaapt d'Streck hält, da kuckt, datt Der Är eege Politik emol korrigéiert kritt!

► **M. Georges Engel** (LSAP).- An dat sote se alleguer de Samschden. Bravo!

**(Brouhaha)**

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ee vun deene wichtigsten Aspekter an der Diskussioun, déi mer haut hei hunn, war dee ronderëm d'Police.

► **Une voix**.- Voilà.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- An dat ass eppes, wat ech elo wëll usoen: Ech wëll als Alleréisch de Polizisten, déi de leschte Samschdeg ënnerwee waren, e ganz häerzleche Merci soen. Si hunn eng ganz gutt Aarbecht gemaach.

**(Brouhaha)**

Si hunn deeskaléiert. Si hunn eng Modellaarbecht gemaach a ...

► **M. Dan Kersch**, *Vice-Premier Ministre*.- Fir d'éischt Feier maachen ...

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... si hunn eis och gesot ...

► **M. Dan Kersch**, *Vice-Premier Ministre*.- ... an da Pompjee spillen. Déi hu mer gär!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, jo!

**(Brouhaha)**

Et ass och eng Unerkennung. An ech freeë mech, datt déi heibanne gedeelt gött.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- D'Feier geluecht an dann de Pompjee gemaach. Jo, jo!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- D'Police huet hir Aarbecht gemaach an der Sécherheetspolitik, mee d'Regierung awer net. A mir froen eis, an dat ass och wichteg fir déi nächst Demonstratiounen: Als Polizist, weess een, datt d'Regierung hanner engem steet oder weess een et net?

**(Interruption)**

Well wat huet d'Police dann eigentlech fir eng Ursaach, fir dës Regierung Merci ze soen? Guer keng. Ech wëll just drun erënneren, datt d'Police gefrot hat, fir d'Poliziste kënn prioritär ze impfen, weinst deene Risiken, deene si ausgesat sinn. D'Regierung huet dat refuséiert. Mir hunn et natierlech ënnerstëtzt.

D'Police krut zwee Policehelikopteren - Här Kox, bravo! Sidd Der hei? Ech weess et elo net ..., jo, den Här Kox ass hei! D'Police krut zwee Policehelikopteren - déi d'Armée kaaft huet - a si ka se net operationell asetzen, well et keng legal Basis gött, fir mat enger Waff do eranzeklammen. Dat ass dach lächerlech! D'Police huet elo en hallwe Plazverweis

kritt vun dëser Regierung, si brauch e ganzen! Si brauch nach vill méi Kompetenzen. D'Police huet keng constituéiert Unitéiten, fir kënnen anzegräifen. 2013 ass dës Regierung un d'Rudder komm. An an aacht Joer huet se et net fäerdegruecht, iergendwéi der Police Reserven ze ginn, fir kënnen anzegräifen. Mir géifen dat änneren. D'Sécherheet op der Gare, zu Bouneweg an op esou ville Plazen an eiem Land ass dach eng Katastroph! Dir hutt d'Verantwortung dofir!

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Dir lenkt jo just of!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Awer als Polizist kann ee sech ...

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Schwätzt zum Thema!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... dach nëmme froen: „Déi Regierung do, steet déi hanner mir oder net? Wann ech dann elo higin an ech muss agräifen, ech muss de Maintien de l'ordre maachen, sinn ech net nach deen Éischten, deen herno vun dëser Regierung am Stach gelooss gött?“ An ech verstinn d'Polizisten, datt se sech déi Suerge maachen.

► **Une voix**.- De Bommeleeër.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Mir hu keng ...

► **M. Georges Engel** (LSAP).- E Pyroman, dee sech opreegt, datt d'Pompjeeën ze spéit kommen!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... Grenzkontrolle méi. Wat wëllt Der da maache géint Casseuren, déi aus dem Ausland kommen?

► **Plusieurs voix**.- O!

**(Brouhaha et hilarité)**

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- An Dir wëllt, ...

**(Brouhaha, hilarité et coups de cloche de la présidence)**

... Dir wëllt d'Radikalisierung an dëser Gesellschaft erofsetzen, ...

► **M. Dan Biancalana** (LSAP).- Wien huet eis Grenzen zougemaach?

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... an dobäi ënnerstëtze mir lech.

**(Brouhaha)**

Jo, mee kommt, mir setzen d'Radikalisierung an dëser Gesellschaft erof! Mee eng Radikalisierung erofsetzen - da stellt lech dach emol d'Fro, ob Der net och e Stéck Matverantwortung dofir hutt.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Majo Dir och!

**(Interruption)**

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Haalt op, Leit ze diskreditéieren an ze diskriminéieren, nëmme well si eng aner Meinung hu wéi Dir! Haalt op, Leit eesäiteg fir eng Pandemie responsabel ze maachen, déi mir nëmmen zesummen a solidaresch an de Grëff kréien.

**(Exclamations)**

De Virus ass schold!

**(Brouhaha)**

De Virus ass schold an net eng Kategorie vu Leit.

**(Coups de cloche de la présidence)**

A mir bekämpfen all zesummen eng Krankheet.

Setzt d'Leit net ënner Drock! Haalt lech aus hirem Privatliwien eraus! Schléisst keen aus der Gesellschaft aus, well en net geimpft ass, a behandelt d'Leit mat Respekt, an da kritt Dir och keng Radikalisierung!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, et goufen an et ginn nach Demonstratiounen géint d'Coronapolitik vun dëser Regierung. D'Ursaach ass ganz evident: D'Politik geet an déi falsch Richtung. Si verwandelt eist Land Schrëtt fir Schrëtt an e Kontrollstaat, wou jiddereen jidderengem säi Gesondheitszoustand muss iwwerpräiwen a geschwënn och seng Identitéit. Do, wou et néideg gewiescht wär ze agéieren an ze schützen, an de CIPAen zum Beispill, an de Fleegeheemer, huet dës Regierung komplett versot!

Kommt, mir huele mol e bëssen Distanz a mir kucken eis un, wat mat eiser Gesellschaft geschitt. De Premierminister, den Här Staatsminister, huet virun a senger Ried schon eng Menace kloer gemaach, an hei ass dat vu ville Säite gesot ginn: Et gött massiv géint déi sozial Medien gefacht, dat wär en Hort vun Haass. Jo, dat gött et do. Mee et ass och en Hort vu Fräiheet. An déi Gefor, datt ëmmer méi Zensur an eiser Gesellschaft agefouert gött, déi steet grouss heibannen, well all d'Parteien ausser der ADR domadder komme fir ze soen: „Mir müssen déi sozial Medien ëmmer méi kontrolléieren.“ Dir hätt gär d'Zensur. Dat ass Äre Programm. A mir wäerten eis dogéint wieren!

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Dat ass net wouer!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Mir hunn e sanitäre Pass agefouert - d'Regierung huet dat gemaach -, deen eist Liwien ëmmer méi bestëmmt:

fir ze reesen, fir d'Fräizäitgestaltung, fir an e Restaurant ze goen, fir alles. Och do si Risiken. Wat ass déi nächst Krankheet, déi do dropkënn? Wat kann nach dropgesat ginn, wann de Staat sech esou Kontrollmechanisme gött? Dat ass eng Suerge, déi mer hunn. A mir wäerten oppassen, ...

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Alt erëm Angstmacherei.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... datt dee sanitäre Pass, ...

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Alt erëm Angschtmaacherei!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... datt dee sanitäre Pass hoffentlech geschwënn nees verschwënn. Mat dëser Pandemie muss e verschwannen!

Den Toun an der Press gött ëmmer méi aggressiv. Fält lech dat net op? Eis fält et op. An ech hu virun d'Beispill gewise vun engem Pranger, deen an der Press agefouert gött. Wou komme mir hin?

Gött et net och e Recht, wann Der iwwert d'Impfung schwätzt? Hutt Der vergiess, datt mer an eiser Gesellschaft e Prinzip vun der kierperlecher Onverletzlechkeet hunn, vun der Selwerbestimmung iwwer säi Kierper, vun der informierter Zoustimmung bei medezinneschen Agrëffer? Hutt Der dat vergiess? Wéi ass et mat der Solidaritéit an der Krankeversicherung? Wéi ass et méiglech, datt mer ëmmer méi Stëmmen héieren, datt Leit, déi sech net wëllen impfe looszen, elo misste fir hir Behandlung selwer opkommen? Wien ass dann deen Nächsten, deen dru gleewe muss? De Fëmmert? Oder deen Iwwergewichtegen? Wouhinne steiert dat? Ma mir bekennen eis zu dem Prinzip vun der Solidaritéit an der Krankeversicherung!

**(Brouhaha)**

► **M. Fred Keup** (ADR).- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, ...

**(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)**

... mir wëllen all d'Pandemie bekämpfen.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Angschtmaacherei!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Mir wëllen all d'Pandemie bekämpfen. D'ADR ass fir de Wee vun der Fräiwëllegkeet, vum géigesäitege Respekt, vum friddleche Mateneen an net vum Géinteneen.

Dowéinst, wann d'Regierung esou weidermécht, wa se weider ufängt a weider virumécht, Drock amplaz Iwwerzeegung ze sichen, wa se no Schëllege sicht amplaz no Solidaritéit, wa se weider a Richtung Kontroll- an Iwwerwaachungsstaat geet, abee, ech soen lech: Ech gi geschwënn och mat demonstréieren!

Ech soen lech Merci.

**(Brouhaha, exclamations et hilarité)**

► **M. Fred Keup** (ADR).- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser.

► **M. Dan Kersch**, *Vice-Premier Ministre*.- De Bommeleeër.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

**(Brouhaha)**

Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen - ech maachen d'Pult e bësse méi héich -, léif Membere vun der Regierung, jo, mir soen eis allegueren hei iwwerrascht a schockéiert iwwert déi Evenementer vum leschte Samschden. Ech mengen, mir sinn et all, an ech sinn et natierlech och. Mee ech muss awer och soen: Et hätt een et eigentlech kënn komme gesinn! An ech mengen, ech sinn net dat Eenzegt, wat dat hei seet an denkt warscheinlech. Mir gesi säit Méint, dass déi sozial Spannungen an eiser Gesellschaft klammen. A mir hunn et och ëfters schonn hei gesot! D'Mësstraue wiisst an der Gesellschaft, net just an d'Regierung, mee iwwert d'Regierung och an déi demokratesch Institutionen an och souguer, wat d'Leit oft soen, an de System. Mir alleguer hunn et schonn héieren.

Awer mir waren dat bis elo net gewinnt. Bis elo hu mer an enger Konsensgesellschaft gelieft, wou mer dat do eigentlech esou net gesinn hunn. An ech mengen, d'Biller aus dem Ausland hunn eis quasi hei ageholl.

Lëtzebuerg ass also keng Insel, wéi och d'Karin Weyer vu respekt.lu de Moien et um 100,7 gesot huet. An ech géif mengen, et kann ee bal soen, dass de soziale Friden e weineg un d'Wackele komm ass.

Wéi vill Leit elo aus dem Ausland wierklech dorunner bedeelegt waren an dorunner mat responsabel sinn, mengen ech, kann ee jo de Moment nach net soen. Do ass jo eng Enquête vun der Police amgang. An ech mengen och, dass dat eigentlech





zweetrangeg ass. Mir gesinn, dass elo zu Lëtzebuerg eigentlech en Närbuedem do ass, op deem esou Randaléierer kënnen wuessen a gedeien, an déi och Zoustëmmung kréie vu Leit, déi eventuell manner ugezu si vun esou Randaléierer.

Et gëllt dann awer och, an dat wëll ech hei soen am Numm vun déi Lénk, ganz kloer ze soen, dass Intimidatiounen vu Privatpersounen, vu Membere vun der Regierung an och vu Journaliste virun hiren Haiser ganz kloer ze verurteele sinn. An dat soen ech ganz, ganz kloer! An och Vergläicher mam Holocaust, ganz kloer, sinn ze verurteelen. Dat ass net akzeptabel! Dat soen ech ganz kloer. Dat ass eis ganz kloer Meinung!

**(Brouhaha)**

A mir verurteelen natierlech och all Form vu Gewalt.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Hei, wannechgelift, et wier gutt, wa mer e bësse méi roueg wieren. Ech mengen, nom Här Kartheiser hunn d'Gemiddler sech erëm e bësse berouegt. An ech mengen, da versteet erëm een deen anere besser heibannen. Merci villmools.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).** - Jo, mat mir kënn net esou vill Tammtamm op.

Mat Verurteilungen eleng komme mer awer net wäit, ech hunn dat och schonn e puermol gesot, an dat kann een och falsch verstoen. Mee ech wëll net falsch verstane ginn. Ech menge wierklech, dass mer net kënnen bei Verurteelunge stoe bleiwen. Mir musse verstoen, wou deen Närbuedem hierkënn, wou deen Närbuedem entstanen ass, op deem d'Ressentimenter, déi mer gesinn, sech esou konntent entfalen.

An hei musse mer ganz kloer trennen tëscht deenen, déi randaléieren, an der Mass, an dat ass och elo hei schonn e puermol gesot ginn. An och vun der Majoritéit a vun der Regierung ass gesot ginn, dass ee muss trennen. An dat hu mir och esou héieren. Et muss een trennen tëscht de Randaléierer, déi eng Minoritéit sinn, an der Mass, déi u sech matgi bei esou Manifesten, well se mat deenen Anticovidmesuren net averstane sinn.

De Moien huet d'Karin Weyer et um 100,7 gesot: „Mir musse verstoen, firwat d'Moossnamen net akzeptéiert ginn. A mir mussen d'Beweeggrënn an d'Ängschten verstoen hannendrun.“ Ech hunn dat hei och schonn an deene leschte Wochen a Méint wierklech, wierklech oft gesot. „Mir mussen den Dialog sichen“, huet d'Karin Weyer gesot, an: „Mir musse méi Plazen hunn a méi Plaze kreéieren, wou esou en Dialog, wou esou en Echange méiglech ass.“

Dat ass am Moment net de Fall. Déi Plaze sinn am Moment net wierklech do.

**(Interruption par M. Dan Kersch)**

Kënn Der mer herno eng Fro stellen? Merci.

Den Dialog huet net wierklech stattfonnt. Ech hunn dat och schonn hei e puermol gesot. Ech menge wierklech, dass esou en Dialog, en oppenen, éierlechen Echange, eigentlech net stattfonnt huet, mee dass u sech säit September wierklech am Discours eng beschëllegend Aart a Weis do war, fir iwwer Leit ze schwätzen, déi sech eeben net wollten impfe loosse, dass ganz vill Accusatiounen am Raum waren. An ech hunn dat och schonn e puermol gesot. An ech si wierklech der Meinung, dass den Echange net op Aenhéicht war an net konträktöresch an éierlech matenee verlaf ass.

An deem Kontext huet dann och d'Karin Weyer de Moien zu de Propose vu Geimpfte gesot, dass och déi Propose vu Geimpften - och vun eis zum Deel, mir mussen eis och selwer zum Deel a Fro stellen - zu deem Klima do mat bäigedroen hunn.

Wéi gesot, et ass wichteg, dass mer elo hei net mengen, dat do wär aus dem Himmel gefall. Et ass u sech d'Resultat vun engem Prozess, engem gesellschaftleche Prozess, deen iwwert déi lescht puer Wochen a Méint esou gewuess ass.

Ech perséinlech sinn der Meinung, dass déi beschëllegend Aart a Weis wierklech e groussen Deel vun der Verantwortung dréit un deem heite soziale Klima. Ech muss et ganz éierlech soen, ech hunn et scho puermol gesot: Ech menge wierklech, dass déi Aart a Weis, iwwer Leit ze schwätzen, se beschëllegend an den Eck ze drécken, wierklech Matverantwortung dréit! An ech mengen do eeben och, an Dir wësst et, verschidden Aussoen, déi vun der Säit vun der Regierung kommen. Et deet mer leed, wann ech dat esou muss soen, mee dat ass meng Meinung.

Ech mengen awer, wéi gesot, dass ee muss trennen tëscht der Mass an deene Randaléierer. A wann ech soe „verstoen“, ass verstoe wichteg, mee verstoen ass net excuséieren. Nach eng kéier, dat dierf net falsch verstane ginn: Et ass net, well mir als Lénk wëllen d'Motiver verstoen, dass mir dat excuséieren. Dat ass net de Fall! Awer bei all sozialem Phenomeen an all gesellschaftlechem Phenomeen, wa mer wëllen no vir kommen, wa mer wëllen an d'Zukunft kucken, da musse mer verstoen, wou dat hierkënn. A mir mussen eis och selwer a Fro stellen.

Mir gesinn also en Närbuedem, deen an de leschte Méint geniert ginn ass vu géigesäitege Beschëllegungen. An deen huet als Konsequenz ganz kloer, éischens, dass déi Leit dann d'Dier zoumaachen. Ech mengen, Dir kennt warscheinlech och esou Leit, ech kenne sou Leit, déi hunn d'Dier zouge-maach no deene Beschëllegungen. Do ass dann d'Dier zou, do ass dann näischt méi mat Echange, déi lauschteren net méi no. Déi lauschtere mol net méi op Fakten. Déi soen einfach: „Ech hu kee Vertraue méi, fäerdeg, aus! Mat egal wéi enge Fakten Der kommt, d'Dier ass zou. Ech gi beschëllegt, ech ginn an den Eck gedréckt, fäerdeg!“

Dann ass e Mësstrauen do an d'demokratesch Institutionen. Do si mer dann och bei engem Problem um demokratesche Prozess ukomm. An natierlech huet dat dann, oder kann dat als Konsequenz och eng gewësse Radikaliséierung vu verschiddene Leit hunn, woubäi ech deen Term eigentlech net gären hunn.

Mee da gëtt et awer och ganz kloer rietsextrem Radikaler, Randaléierer, déi dovunner profitéieren, déi sech an déi Mass eravermëschen, sech do drënnermëschen, fir ze stéieren a fir ze zerstéieren. An déi muss ee ganz kloer trenne vun där Mass.

Zum Deel si se aus dem Ausland komm. Mee, wéi gesot, dat ass eigentlech zweetrangeg. Wéi ech scho gesot hunn: Et geet net duer ze verurteelen! Den Närbuedem, op deem dat dote wiisst - a mir kënnen et elo net méi ewechdenken a mir kënnen et och net méi ewechwünschen -, seet och eppes aus iwwer eis Gesellschaft a wéi mir mat der Coronagegion ëmgaange sinn. Mee net just. Mir gesinn och, wa mir déi Biller kucke vum leschte Samschden, dass mir do och eng Ohnmacht gesinn, dass déi Leit am Endeffekt eppes ausdrécke wëllen: dass si vläicht d'Gefill hunn, dass si sech net ëmmer konnte genuch a politesch Prozesser matabannen oder net op si gelauschtert gouf. Et ass eng Zort Ohnmacht, déi sech a Roserei ëmwandelt.

Mir gesinn déi Ressentimenter, déi Aggressivitéit och am Zesammenhang mat enger hyperindividualiséierter Gesellschaft, wou u sech dat Kollektiiv, déi kollektiv Lienen an Engagementer, vill ze kuerz kommen. Mir menge wierklech, dass dat doten Ausdrock ass vun enger Gesellschaft, déi am Endeffekt vill Leit verléiert, wou vill Leit op der Streck bleiwen, well vill Leit keen Halt méi hunn an enger Gesellschaft, eebe grad well se esou individualiséiert an esou materialiséiert ass, dass d'Leit keng Gemeinschaft méi hunn, déi hinnen am Endeffekt Halt gëtt.

Mir mengen dann och, dass esou Beweegunge wéi déi vum leschte Samschden och eppes aussoen, well Dir wësst, dass déi Leit, déi zum Deel - verschiddener - verluer sinn, vläicht no Identitéit sichen an do och eng Communautéit fannen, dass se do en Halt fannen an dass dat si bestärkt an dass déi Leit sech do géigesäiteg bestärken. Dir wësst, wéi dat ass, déi bestärke sech géigesäiteg. An dat muss een esou ganz kloer als soziale Phenomeen verstoen.

Si sinn dann och ufälleg fir Verschwörungstheorien. Ech mengen, et ass och hei scho gesot ginn: Wann ee bis op esou enger Plaz ukomm ass, wou een eventuell ukomm ass, well een no Saache sicht, well een no engem Sënn sicht, no enger Identitéit, dann ass een och susceptibel, op esou eppes eranzefalen an op Verschwörungstheorien ze falen. An deem Kontext vu Mësstrauen an de Staat an an d'Institutionen an an deem Kontext vu Gemeinschaftsverloscht muss een dann och gesinn, dass se eeben ufälleg si fir déi Verschwörungstheorien, well se eebe grad an esou eng Zort Lach kënnen drafalen.

Mee wie sinn dann déi Leit? Ech mengen, mir hunn et elo hei scho gesot: Dat ass eng divers Grupp, et geet vu ... bis ... Et ass keng uniform Grupp. Mir kënnen déi Leit net an een Dëppe geheien, ech mengen, do si mer eis hei alleguerten eigentlech eeneg. A mir hu jo gesinn, oder mir hunn héieren, dass d'Police eng Enquête amgaangen ass ze maachen iwwer een Deel vun deene Leit, zumindest iwwert d'Randaléierer.

Ech mengen awer och, dass et ganz wichteg ass, an dat war jo e Rassemblement national de leschte Samschden, deen dann och dese Weekend erëm ugekënnegt ass, dass een deen net dierf gläichsetze mat där Marche blanche. Dat si jo zwou verschidde Beweegungen trotzdeem. Ech mengen awer och, dass eng Gefor besteet, dass dee Rassemblement national déi Marche blanche am Endeffekt mat dekredibiliséiert, dass do eeben Amalgamme gemaach ginn an dass fir déi Leit, déi matgi bei der Marche blanche - déi jo awer zum Deel Ängschten hunn, déi ee muss novollzéie kënnen -, dat awer och eng Gefor ass, dass do Amalgamme kreéiert ginn an dass déi Marche blanche doduerjer och dekredibiliséiert gëtt. Bon.

Ech mengen awer och, dass ee ganz kloer muss soen, dass mir alleguerte versot hunn an deene leschte Méint, d'Situatioun am Endeffekt ze deeskaléieren, oder zumindest ze prevenéieren. An ech menge virun allem, an den Här Premierminister

huet et virdru gesot, dass mir alleguerten, d'Majoritéit an d'Oppositioun, u sech nogekuckt hunn oder dat net eescht geholl hunn. Ech muss awer soen, ech sinn net domadder averstanen, ech fannen net, dass ee kann der Majoritéit an der Oppositioun zesumme vill Verantwortung ginn. Mir sinn, wéi gesot, an der Oppositioun. Dir hutt d'Politik gemaach. Dir maacht d'Regierungspolitik. Dir hutt d'Coronapolitik gemaach. Mir hunn déi kritiséiert an och zum Deel eeben net gedroen. Ech gesinn net, dass mer déi selwecht Verantwortung droen. D'ailleurs warne mir säit Méint virun enger Spaltung, déi d'Resultat wier vun deene Beschëllegungen. Ech sinn net ganz domadder averstanen.

An awer gesinn ech et natierlech als gesellschaftlech Verantwortung, wou jiddweree säin Deel derzou bäidréit. Ech gesinn dat schonn och esou, mee ech kann net d'accord sinn, dass mer an där gläicher Verantwortung sinn.

D'Spannunge sinn natierlech eropgaangen. A mir hunn nogekuckt. Mee ech muss awer och ganz kloer soen, dass, wéi ech scho virdru gesot hunn, verschidden Aussoen Ueleg op d'Feier waren an och do erëm zur Polariséierung bäigedroen hunn.

**(Interruption)**

Dir wësst et: „Déi Ongeimpft kréien d'Liewe méi schwéier gemaach“, ass zum Beispill esou eng Ausso, déi mat sech bruecht huet, dass natierlech vill Ueleg op d'Feier geschott gouf. Ech muss dat awer soen, et deet mer wierklech leed.

Geneesou kloer muss ech awer och soen, dass eng Partei hei an der Oppositioun, dat ass scho gesot ginn, falsch Informatiounen iwwert déi lescht puer Méint geniert huet, net onbedéngt elo am Kontext vun der Marche, mee notamment am Kontext vun der Verfassungsrevisioun.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).** - Dir hutt eng Campagne gemaach iwwert déi lescht puer Méint, wou Der Falschinformation verbreet hutt ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).** - ... - natierlech mengen ech d'ADR - a wou Mësstrauen geniert ginn ass. An d'Resultat, wat mer elo gesinn, ass am Endeffekt ënner anerem dat Mësstrauen, wat d'ADR geniert huet.

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*).** - Très bien!

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).** - Déi Fake-news, déi si geniert huet an déi Ängschten, déi si geniert huet, dat ass och deen Närbuedem, op deem dee Phenomeen vum leschte Samschde gewuess ass. An dat spillt mat.

■ **M. Charles Margue (*déi gréng*).** - Très bien!

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).** - Da wëll ech och ganz kloer soen, mee et ass scho gesot ginn, dass ee Member vun där Partei zur Resistenz opgeruff huet. Ech muss dat elo net nach eng kéier soen. Ech mengen, dat ass kloer, dass och déi Persoun hir Responsabilitéit un deem Phenomeen hei huet.

Mee nach eng kéier zréck op déi Campagne, ech hunn dat och schonn e puermol gesot: Zu där Campagne vun der ADR, déi am Endeffekt iwwer Méint den Terrain dominéiert huet vun der Verfassungsdebat, do muss ech och ganz kloer soen, dass déi véier Parteien, déi d'Verfassungsrevisioun droen, der ADR déi Campagne iwwerlooss hunn an déi Campagne net genuch contréiert hunn. Dat muss ech ganz éierlech soen. Do wou si den Terrain dominéiert huet mat hire Fakenews, hunn déi véier Parteien, déi vun der Majoritéit an d'CSV, hiren Text net genuch verdeidet an d'Fakenews net genuch richtigegestallt. Och dat hunn ech schonn e puermol gesot. An dat spillt och indirekt mat eran, well déi Fakenews am Raum stoe gelooss gi sinn an dat Mësstrauen konnt nieren.

Alles dat ass e grouse „melting pot“, wéi een op Englesch seet, e groust Dëppen, an deem dat ganz Mësstrauen an déi ganz Spekulationen a Falschinformationen hei gewuess sinn.

Ech mengen awer och, dass dat, wat mer hei gesinn an erliwen, net just d'Resultat ass vun der Coronapolitik, vun der Campagne vum ADR, mee wéi gesot och eigentlech d'Resultat vun engem méi generelle „ras-le-bol“, wéi ee seet: e Mix vu sozialen Onrechtgekeiten trotzdeem an eiser Gesellschaft - d'Ongläichheete ginn ëmmer méi auserneen -, vu Frust an, wéi gesot, Identitéitsverloscht. Ech mengen, et ass en Ausdrock vun enger kranker Gesellschaft, ganz éierlech, vun enger kranker Gesellschaft, wou d'Ongläichheeten auserneeginn, wou ganz vill Leit op der Streck bleiwen, op allen Niveauen: ekonomesch, materiell, kulturell, identitéitsméisseg, a wou ganz vill Leit sech einfach verluer spieren a sichen, sichen an dann op esou enger Plaz am Endeffekt och ukommen.

Mee ech muss awer och ganz kloer soen, dass déi Leit, déi op esou Marché matginn an nëmme „Fräiheet“ kënnen ruffen a gläichzäiteg keng solidaresch Léisungen hunn a keng solidaresch Léisunge pro-

poséieren, am Endeffekt och eng onsolidaresch Antwort ginn op onsolidaresch Mesuren a Moossnamen, déi vun der Regierung proposéiert ginn.

**(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)**

Kuerz zu der Police, well et gëtt jo och ëmmer vill zur Roll vun der Police gesot. Ech mengen, et ass kloer, dass do eng Rei Saachen net ganz korrekt gelaf sinn, dass se net adequat opgestallt waren, ze vill reaktiv an net genuch proaktiv. Dat ass de Moien och an der Kommissioun gesot ginn. Effektiv, si hu selwer gesot, dass an der Marche eng Rei Splittergruppen ënnerwee waren, sech ofgesplittert hunn an a verschidde Richtunge gongen. An d'Police ass quasi net méi nokomm, si sinn hinne quasi nogelaf fir erauszefannen, wuer se ënnerwee waren. Esou hunn ech dat verstanen.

Dat heescht, d'Police war do am Endeffekt just nach an der Reaktioun, fir kënnen dat Ganz ze encadréieren. Natierlech sinn do eng Rei Saache schifgelaf, woubäi ech och wierklech verstinn, dass dat net esou evident ass, esou eng éischte kéier zu Lëtzebuerg dat kënnen ideal ze preparéieren. An awer wouss d'Police jo Bescheid, well si hat jo iwwert d'Surveillance vun de soziale Medie matkritt, dass esou eng Marche wier, an do kann een awer da just soen, dass se dat eventuell ënnerschat hunn.

Wat ech och e bësse fragwürdeg fannen, ass, firwat d'Police am Endeffekt net ka soen, wivill Leit dann elo um Terrain waren. Si kënnen jo keng Zuelen nennen, obwuel eng Rei Leit dat gefrot hunn. Firwat dann net? Firwat kënnen mer net gewuer ginn, wivill Leit um Terrain waren?

Bon. Mir sinn als déi Lénk elo net déi, déi verlaangen, dass d'Police eng Demonstratioun verhënnert oder opléist. Dat ass definitiv net eis Roll. An awer froen ech mech, wat dann elo kloer Krittäre sinn, oder ech denken, dass d'Police sech awer kloer Krittäre soll ginn, wéini dann elo muss méi agegraff ginn a wéini eeben net.

Mir froen eis zum Beispill och, ob d'Police de leschte Samschden déi Leit um Megafon ugeschwat huet, ob si déi Leit um Megafon eventuell och no hirer Identitéit gefrot huet, well et war jo manifestement eng illegal Manifestatioun. Sinn dann déi Leit weinstens demarchéiert ginn? Sidd Der un déi Leit erugaangen? Dat wär e bësselchen eng Fro, déi ech eeben och do hatt.

Bon, mir geet et elo hei net drëms, op d'Police ze klappen. D'Police huet selwer ageraumt, dass eng Rei Saachen net richtig gelaf sinn, dass eeben, wéi gesot, ze vill reagiert an net genuch proaktiv geschafft ginn ass, mee dass se eeben och elo amgaange wier, dat dote besser ze preparéiere fir d'Zukunft.

E lescht Wuert vläicht: Mir fuerderen d'Regierung op, méi Efforten ze maachen, fir d'Motivationen an d'Beweeggrënn ze verstoen - jo, ze verstoen - vun deenen, déi bei deene Marché matginn. Ech mengen, ech hu virdru e bëssen eraushéieren, dass Der um Wee sidd dohinner. An awer, mengen ech, ass et vläicht nach net oppe genuch. Et geet net just drëms, dass Dir de Leit sot, wéi et richtig ass, mee dass Dir hinnen och virun allem nolauschtert, firwat d'Leit matginn - ganz wichteg! -, an dass keng pauschal Beschëllegunge méi gemaach ginn. Wannechgelift, kommt, mir halen op mat deene pauschale Beschëllegungen! Dat bréngt einfach kee Mënsch virun an och net de Kampf géint d'Pandemie virun.

Ech menge wierklech, dass Der Är Kommunikatioun muss an deem Sënn iwwerdenken. D'Coronapolitik soll onbedéngt op wëssenschaftlecher Basis fondeieren. An der Coronapolitik sollen et net politesch Ziler sinn, déi mer uviséieren, mee wierklech wëssenschaftlech Basiserkenntnisser sollen deem zugronn leien, an net, iergendwellech Ziler wëllen ze erreechen.

Da géif ech awer och nach gären e klengen Opruff maachen u Leit, déi dovun ugezu sinn, op esou enger Manifestatioun matzegoen. An ech mengen, mir kennen der alleguerten. Ech kennen der och. Ech verstinn d'Ängschten an d'Suerger an d'Skepsis, mee ech mengen, wann ee bis weess, wéi eng Leit do matmëschen an wien do eventuell nieft engem trëppelt, soll ee sech dat awer vläicht zweemol iwwerleeën, ob ee sech net awer wëll dovunner distanzéieren, a sech eebe vun esou rietsradikalen Elementer, déi do stéieren an zerstéiere kommen, dann awer vläicht distanzéieren.

Sou, dat wär et. Villmools merci.

**(Brouhaha)**

■ **Une voix.** - Den Här Kersch huet eng Fro.

■ **M. Dan Kersch, *Vice-Premier Ministre*.** - Dierf ech?

**(Brouhaha)**

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance*.** - Jo. Wann d'Madam Oberweis domat d'accord ass? Här Minister Kersch, wannechgelift.





■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- O, pardon! Ech hat d'Fro vergiess.

■ **M. Dan Kersch**, *Vice-Premier Ministre*.- Merci. Ech wollt fir d'éischt emol Merci soen, dass Der, sou wéi alleguerten déi aner Riedner virdrun, ganz kloergestallt hutt, dass ee muss bei deene Leit, déi do demonstréieren, ënnerscheeden. Ech mengen, dat ass vun alle Bänke komm. Et ass virdru vun engem bestridde ginn, mee ech mengen, dat war ganz kloer hei als Message.

Dofir huet et mech och e bësse gestéiert, well Der eng Ausso gemaach hutt, bei där ech awer mengen, dass Der dat vläicht net esou gemengt hutt, an dofir wëll ech nofroen.

Dir hutt gesot, firwat dass d'Mesuren, déi d'Regierung geholl huet an och d'Chamber geholl huet, net verstane gi sinn. Ech mengen, dass déi grouss Majoritéit vun de Leit déi Mesurë ganz wuel versteet. An ech mengen, dass déi ganz grouss Majoritéit vun de Leit souguer gär hätt, dass mer an eise Mesuren nach méi streng gi wéi dat, wat mer hei decideréiert hunn.

Mee Dir hutt awer fir de Rescht a mengen Aen total Recht, dass een déi Leit, déi se net verstinn, nach besser muss informéieren. An do stinn ech och voll hannert lech! Dofir wär ech frou, wann Der déi e bësse pauschal Ausso kéint relativéieren, andeem dass Der sot, dass déi Leit, déi déi Mesuren net verstane hunn, eng Minoritéit vun de Leit sinn an dass mer op déi mussen duergoen. Do sinn ech bei lech. Mee menger Meinung no, ganz kloer: D'Majoritéit vun de Leit hei am Land steet hannert deene Mesuren. A si hätte gär zum groussen Deel souguer, dass mer nach méi wäit ginn. Woubäi mer awer aus ganz bestëmmte Grënn - a wou mer eis och alleguerten eens sinn - dat maachen, wat ubruecht ass an net mat Kanounen op Spatze schéissen.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- Also ech mengen net, dass ech vun der Majoritéit vun de Leit geschwat hunn. Ech hunn déi ganzen Zäit eigentlech vun deene Leit geschwat, déi vun esou enger Marche ugezu sinn, déi Ängschten hunn. Dat heescht, effektiv vun deene Leit, déi net geimpft sinn an déi déi Ängschten hunn. An ech sinn nach ëmmer der Meinung, dass et net duergeet, dass Dir si informéiert, dass Dir mat Ärem Wëssen hinnen dat Wësse schéckt, mee dass Dir och lauschtert. Dat heescht, déi zwee Weeër!

■ **M. Dan Kersch**, *Vice-Premier Ministre*.- Do si mer eis eens.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- Dat hunn ech schonn e puermol hei gesot.

■ **M. Dan Kersch**, *Vice-Premier Ministre*.- Mir sinn eis eens. Mir sinn eis eens.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- Merci.

■ **M. Dan Kersch**, *Vice-Premier Ministre*.- Wann et ëm d'Minoritéit geet, si mer eis eens.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. Et ass, mengen ech, alles gesot. Da géif ech d'Wuert weiderginn un den Här Sven Clement - do ass e schonn, méi séier wéi de Blëtz! Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e Covidzertifikat ass kee Juddestär. An och net esou eppes Änlech. De Juddestär war eng Kennzeechnung, déi huet missen ëffentlech gedroe ginn an extreem Diskriminéierungen, Deportatiounen a souguer Mord zur Konsequenz hat. Dat war keng sanitär Measure, déi d'Wuel vun der ganzer Gesellschaft zum Zil hat a vläicht de Besuch vum Chrëschtmaart bestëmmte Konditiounen ënnerworf huet. Dat ass net vergläichbar! An nee, mir liewen och net an enger Diktatur oder an engem autoritären, voire totalitären Staat. All d'Covidgesetzter goufe vun enger demokratesch gewielter Majoritéit gestëmmt. An déi meescht sinn anescht aus der Chamber erauskomm, wéi se hei erakoumen.

Net ëmmer gouf et e Konsens an der Chamber. Nee, ganz sécher net! Mir Piraten hu schliisslech géint eng ganz Rëtsch vun deenen Texter gestëmmt. Mee wann d'Gesetzter dann eng Majoritéit kruten, dann hu mer eis dru gehalen ...

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- ... an appelléiert, déi Gesetzter ze respektéieren. Esou fonctionéiert Demokratie!

Et muss een net mat all de Propose vun der Regierung d'accord sinn. Mir Piraten sinn dat jo och net ëmmer. Mir ënnerstëtze jo zum Beispill aktuell och d'Iddi net, de CovidCheck op der Aarbechtssplaz obligatoresch ze maachen, well et an eisen Aen e Pay-to-work-System ass. A mir hunn och d'Recht, dat ze soen a profitéieren och dovunner.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Mee mir hunn awer och kee Recht, dat dann och jidderen dat maache muss, wat mir soen, ouni eng eegen, eventuell aner Majoritéit hei ze hunn (veuillez lire: eventuell aner

Meenung hei däerfen ze hunn). Et däerf ee soen, datt e Gesetz engem net passt. An et däerf een och Fuerderunge stellen, mee wa sech fir déi Fuerderung keng Majoritéit fanne léisst, da muss een dat akzeptéieren. An da kann een net behaapten, an enger Diktatur ze liewen, just well déi eege Meinung net befollegt gëtt, well d'Majoritéit eeben enger anerer ass.

Well wat wär dat fir e Staat, an deem eng Minoritéit, déi hir eege Meinung zur absolutter Wouerecht erkläert huet, all d'Entscheidungge géif treffen? Wat wär dat fir e Staat, wou d'Majoritéit net méi Gehéier géif fannen?

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

Ma dat wär eng Diktatur!

Wa mir Piraten eis d'Plakater an d'Aussoe vun Demonstrante vun e Samschden also ukucken, da muss mer ganz kloer soen, datt mer fir kee Versteedsdemech opbrénge kënnen, deen déi aktuell Situatioun mam Zweete Weltkrich oder anerer Diktature gläichsetzt. Mir liewen zu Lëtzebuerg ëmmer nach an enger Demokratie. Net an enger perfekter - mir wäeren déi Lescht, déi géife behaapten, datt alles roseg wär, datt alles super wär, soss misst ee jo keng Walprogrammer schreiwen, wou ee Verbesserung proposéiert -, mee dach awer an enger Demokratie.

An alles aner es ze behaapten ass just e Schlag an d'Gesicht vun all deene Mënschen, déi an anere Länner aldeeglech ënner tatsächlechen Diktatore leiden oder an der Vergaangenheet gelidden hunn.

An ech weess, datt vill Leit Vergläicher tëscht der aktueller Situatioun an dem Nationalsozialismus guer net maachen, well se den Holocaust niéieren oder klengriede wëllen, mee si maachen et just, well se hir eege Situatioun dramatiséiere wëllen. Mee do muss een einfach kloer soen: Dat geet net! Et geet einfach net, dat onermoosslecht Leed vu Milliounen jiddesche Biergerinnen a Bierger mat den aktuellen Aschränkunge gläichzesetzen.

Stellt lech vir, Dir wiert enzwousch agespaart ginn, ouni waarm Kleeder, ouni lessen, getrennt vun Ärer Famill, an Dir géift wëssen, datt alles, wat Dir nach vun Ärer Zukunft ze erhoffen hätt, Är Ermordung wier. An da géif eng wuelgenierte Persoun mat rosae Bäckelcher, déi sech fräi beweegen kann, laanschtkommen an lech soen, datt si wéisst, wéi Dir lech fillt, well si net méi einfach esou an e Restaurant eraspadséiere kann, wéi si dat fréier konnt, well et do elo de CovidCheck gëtt. Ma Dir hätt zu Recht absolutt kee Versteedsdemech fir dës Persoun a géift lech zu Recht komplett virun de Kapp gestouss fillen.

An dofir wëll ech hei nach eemol a ganzer Kloerheet soen: Wien d'Covidpandemie an de Covid-Check-Regimm mam Holocaust, mat Juddestären oder dem Naziregimm gläichsetzt, deen huet vu mir kee Matgefill ze erwaarden!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- A wie mat Leit marschéiert, déi dës Astellung vertrieden, ouni sech direkt, sur place, vun hinnen ze distanzéieren, och net. Jiddereen huet d'Recht, seng Meinung ze äusseren an ze demonstréieren. Dat sinn, wann ee seng Demonstratioun da gemääss dem Gesetz géif umellen, wichteg Rechter, mat deenen och ëmmer Flichte verbonnen sinn. An et deet enger Demokratie och gutt, wann d'Biergerinnen an d'Bierger dës Rechter wouerhuelen an hir Uleiesse matdeelen.

Mee an där Sekonn, an där ech als Participant vun enger Demo erliewen, datt anerer gewalttätig ginn oder Juddestären héichhalen, ma an där Sekonn a keng Sekonn méi spët muss ech mech vun hinnen distanzéieren! Da briedchen ech mäi Protest op där Plaz of an ech trenne mech vun deenen Demonstranten. Well wann ech bleiwen, dann dréckt dat meng Ënnerstëtzung aus. An da muss ech mech net wonneren, wann ech duerno vun Observateure mat dëse Leit an een Dëppe gehäit ginn.

An ech mengen, datt d'Majoritéit vun den Demonstrante vun e Samschde weeder gewalttätig wollte ginn nach den Holocaust verharmlose wollten. Mee si hu sech och, an dat ass wichteg, net kloer distanzéiert, wéi eng Minoritéit ënnert hinnen ugefaangen huet, sech dernieftzebehuelen. An dat ass e grouse Problem!

Ech wëll dofir een Appell maachen un all d'Biergerinnen an d'Bierger, a fir ganz egal wéi eng Demonstratioun, sech ëmmer kloer vum rietse Bord a vu Randaléierer ofzegrenzen. Gitt einfach fort! Dréckt Äre Protest just op enger gewësser Distanz zu dëse Persounen aus, wa se iwwer d'Grenze vum demokratesch Legitimmen erausschéissen. Nëmme wa si gesinn, datt se mat hirer radikaler Meinung eleng sinn a wirklech eleng stinn, kënnen se verstoen, datt si keng „schweigende Mehrheit“, mee just eng haart jäizend Minoritéit sinn!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mee och wa si just eng Minoritéit sinn, sou dierf een den Impakt, dee si op d'Sécherheet vum Land kënnen hunn, awer net ënnerschätzen. Mir hunn de Weekend gesinn, wéi no verschidden Demonstranten u Privathaiser

komm sinn an, jo, och hei un d'Chamber. Bei der Chamber, beim Staatsministère, bei ëffentleche Gebaier ass et legitim ze demonstréieren, soulaang een de Respekt virun de Gebailechkeeten, der Infrastruktur an de Forces de l'ordre anhält. Mee bei Privathaiser, dat geet net! Mäi Matleed geet dann och un déi Betreffen, well esou mobaarteg Aschüchterunge muss gestoppt ginn!

A mir hunn och gesinn, wéi wéineg d'Police hinnen entgéintzestellen hat a wéi laang hei d'Demonstrante vun enger net ugemellter Manifestatioun einfach gewäerde gelooss goufen. Heiraus muss mer Konsequenzen zéien. D'Ukënnegungen op de soziale Medie mussen an Zukunft méi esocht geholl ginn an d'Police och dann op en Asaz virbereet ginn, wann et offiziell keng Umeldung vun enger Demonstratioun gëtt. Well wa gläichzäiteg eng Mobilisatioun um Internet stattfënn, däerfe mer déi net ignoréieren!

Zu Privathaiser an och zu ëffentleche Gebaier muss och während Demonstratiounen kënnen e Sécherheetsofstand agehale ginn. A Manifestatiounen, déi sech net un d'demokratesch Reegelen halen an net ugemellt goufen, muss kënnen vun der Police deementspriedhend encadréiert ginn. Am anere Fall mécht et jo guer kee Sënn méi, seng Demonstratioun selon les règles de l'art unzemellen.

Ech war e Samschden net an der Stad a konnt mer dofir och kee perséinlecht Bild vun der Situatioun maachen, mee d'Livestreame vun den Demonstranten hunn u sech genuch gewisen. Ech hat d'Gefill, datt e Samschde manner Polizisten am Asaz ware wéi bei enger ganzer Rei aneren Demonstratiounen, déi et an der Vergaangenheet gouf. Ech mengen, mir sinn eis awer eens, datt et net ka sinn, datt bei enger friddlecher Fridays-for-Future-Demonstratioun méi Polizistinnen a Polizisten am Asaz si wéi bei enger opgeluedener Manifestatioun, bei där Covid-leugner, Impfgéigner, besuergt Mammen, Verschwörungstheoretiker an einfach Mënschen, déi déi aktuell Situatioun veronséichert, sech vermëschen a géigesäiteg héichschauken.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Ech war, wéi gesot, net op der Plaz a konnt mer keen eegent Bild maachen, mee op de Biller huet een eis Forces de l'ordre net genuch gesinn. Vlächcht kann de Minister eis jo herno weider Eenzelheeten dozou ginn - ouni eis d'Zuel vun de Polizisten, déi jo scheinbar e Staatsgeheimnis ass, ze nennen -, wéi dat dann an de Gréisstenuerdunge respektiv a Ratios bei ännlechen Demonstratiounen an der Vergaangenheet ausgesinn huet.

Ech denken do och drun, datt et scho kokass ass, datt Vëlosdemoen an der Stad net kënnen stattfanne weinst engem Stroossemaart a gläichzäiteg Raudien, wéi déi vun e Samschden, e Chrëschtmaart esou einfach gestiermt kréien.

■ **Mme Lydie Polfer** (*DP*).- D'Vëlosdemonstratioun, déi huet stattfonnt!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Mir hunn dëse Samschde gesinn, wéi séier och kleng Gruppe mat hire Meenunge ganz vill Gehéier fanne kënnen. An dat ass u sech e ganz grouse Virdeel vun der Demokratie, an där jiddereen d'Recht huet, seng Meinung fräi ze äusseren, an och Minoritéiten dofir kënnen gehéiert ginn. Mee dat dréit och de Risiko a sech, datt kleng Gruppéierungen sech dohistellen a ruffe kënnen: „Mir sinn d'Vollek. Lauschtert op eis!“, obwuel dat net stëmmt.

Jo, si sinn och Deel vum Vollek, mee eeben net si aleng. Och déi ganz Partie geimpft Persoune gehéieren derzou an och déi ganz Partie Leit, déi d'Covidmesurë gutt fannen, gehéieren derzou. Och wann ech net ëmmer verstinn, wien déi Leit sinn, déi se gutt fannen, ...

(**Hilarité**)

... gëtt et se. An déi gehéiere genausou zum Vollek wéi déi haart Minoritéit, déi jäizt, si wär d'Vollek ganz aleng.

Ganz egal wat op de Stroosse vun Zäit zu Zäit gejaut gëtt, mir hunn d'Chance an enger Demokratie ze liewen. An dat bedeit, datt déi eege Meinung net ëmmer d'Majoritéit kritt an datt een eng Meinungspluralitéit respektéiere muss. Wien dat net mécht an eis Gesetzter net respektéiert, muss Konsequenzen erliewen a protokolléiert ginn a sech virun der Justiz verantweren.

Entgéint deem, wat ech a verschiddene Kommentaren an de leschten Deeg gelies hunn, mengen ech nämlech net, datt aggressiv Impfgéigner Wansinnger oder Verréckter sinn. Nee! Dës Persounen esou einfach ofzestempelen, mécht et hinne vill ze einfach. Si sinn absolutt zourechnungsfäeg! An dat mécht se esou geféierlech. A si hunn dofir och verdéngt, behandelt ze gi wéi Zourechnungsfäeger.

Loosst mech nach kuerz kloerstellen - an eng ganz Rëtsch Virriedner heibannen hunn et gemaach -, datt och mir heibannen net mat Fixspéin spille sollten. Aussoe wéi déi, et géif een de Virus mat op Lëtzebuerg bréngen, fannen ech net nëmmen irresponsabel a falsch, ech hunn et um Radio scho ge-

sot: Et ass Brach, deen engem demokrateschen Debat net wierdeg ass!

An och Plattformen wéi Expressis-Verbis, där hir Grënnerin jo e gudder Poste krut, verteidegen haut de Moien nach mat geféierlechen Amalgammen den Dokter Ochs. Dat ass eescht ze huelen an dat dierf net verniedlecht ginn!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Trotzdeem, si hunn et verdéngt, datt een hinnen oppen nolauschtert, hir Suergen eescht hëlt a mat hinnen op Aenhéicht schwätzt a se net wéi Kranker an Aussätzeger behandelt. Mee wa se guer net un engem Dialog interesséiert sinn a just hir Meinung ëmmer an ëmmer nees erausjäze wëllen, ganz egal wat de Géintwuerwer ass a seet, an dann och nach zu Vandalismus oder anere Strofdoten iwwerginn, ma da muss se och fir dës Strofdote bestrooft ginn. An dat net, well se verréckt sinn oder well se eng aner Meinung hunn, mee well se géint demokratesch gestëmmt Gesetzter verstouss hunn.

Si gleewe vlächcht net méi drun, an enger Demokratie ze liewen, mee eis demokratesch Grondsätz hunn ëmmer nach Bestand. An dofir muss ee sech och u se halen! Op Gesetzesverstéiss muss mer mat demokratesche Prozesser virun der Justiz reagéieren an net mat pauschale Pathologiséierungen. Wa just een deem anere Virwërf mécht a sech géigesäiteg d'Zourechnungsfäegkeet ofgeschwat gëtt, da komme mer net weider. Hei ass also verbaalt Ofkräften ugesot, an dat op alle Säiten.

D'Aart a Weis wéi mer matenee schwätzen ass Ausdrock vun eise géigesäitege Respekt, well kee wëll „Schlafschaf“ genannt ginn, geneesou wéineg wéi „Covidiot“. Kee wëll mat Nazie verglach ginn oder mat engem Egoist. Wa mer extreem Wieder fir extreem Vergläicher benotzen, da profitéieren um Enn just d'Extremisten.

Mir brauche keng weider Polariséierung, mee eng Police, déi eis demokratesch Gesetzter kloer duerchsetzt a Verstéiss konsequent noegt. Jiddereen huet d'Recht op seng Meinung, mee keen huet d'Recht, aner Mënschen ze bedroen, virun hiren Haiser ze randaléieren, mat Barrière ronderëmzegeheien op Plazen, wou vill Mënschen an och Kanner sinn, oder den Holocaust ze verharmlosen. Dat muss mir kloer soen!

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Merci. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Kolleegen och um Niveau vun der Regierung, déi Evenementer vum leschte Samschdenomëtte sinn net méi an net manner wéi en Ugrëff op eise Rechtsstaat gewiescht, deen een net entschëllegen an nach vill manner akzeptéiere kann.

Mir alleguerte stinn hei an deem Haus, mengen ech, zur Meinungsfräiheet an zu de Grondrechter. A mir alleguerten hu kee Problem, datt een iwwerall an zu all Moment ka seng Meinung zu all Sujet soen, souguer wann dat heiansdo e bësse farfelu Meinunge sinn.

An ech soen dat wirklech hei mat Nodrock. Well Dir wësst, wéi mir - ech huelen do och mäi Kolleeg Gilles Roth mat an d'Boot - eis agesat hu fir d'Grondrechter am Dossier vun de Policefichieren. Duerfir, mengen ech, ka kee wirklech hei eise Wëlle fir Meinungsfräiheet a Fro stellen.

Dat, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat awer e Samschden de Mëtten an der Stad ofgelaf ass, huet näischt, awer guer näischt mat Meinungsfräiheet ze dinn. Hei si Chrëschtmaert gestiermt ginn, Kanner an hir Famillje schockéiert ginn. Hei si Privathaiser, an dësem präzise Fall dat vun eise Staatsminister, besuddelt ginn. Hei si Vergläicher zwëschent Impfgéigner an Holocaust a Juddestär gemaach ginn, déi, an ech weie meng Wieder, carrement degoutant sinn! Hei si Covidbestëmmunge vu ganz ville Leit einfach mat Féiss gestouss ginn. Hei ass wëssentlech a wëllentlech géint Gesetzter verstouss ginn. An dat, léif Kolleeginnen a Kolleegen, huet awer strictement näischt mat Meinungsfräiheet ze dinn!

Hei, an et ass virdru schonn ugeklungen, ass gottseidank kee Schued geschitt, kee materielle Schued, an et ass och gottseidank kee Mënsch zu Schued komm. Allerdéngs, a verschidde Kolleegen hunn dat virdrun och scho gesot, ass e grouse moralesche Schued entstanen. Well dat, wat op der Gëlle Fra passéiert ass, dat wäert Nowierkungen hunn. Dat ass grav! An dat wäert bleiwen. Et ass och e grouse moralesche Schued warscheinlech fir vill Kanner, déi e Schock e Samschden op de Chrëschtmaert erlidden hunn. Och dee wäert bleiwen!

An da gëtt oft gesot: „Et ass kee materielle Schued.“ Dach, et ass e materielle Schued, léif Kol-





leeginnen a Kolleegen, well duerch déi onsäglech Evenementer vum leschte Samschde wäerte warscheinlech an deenen nächsten Deeg a Woche vill manner Leit riskéieren, an d'Stad ze komme bei d'Geschäftsleit! An déi Geschäftsleit - dat brauch ech lech net ze soen, mir sinn eis alleguer eens -, déi hunn elo scho während bal zwee Joer gelidden!

Duerfir kann ech och net akzeptéieren, datt hei Impfskeptiker dobausse soen, si géife sech fir Leit asetzen, déi quasint virun der Faillite stinn, a si participéieren drun, datt de Leit, deene schonn d'Waasser bis zum Hals steet, d'Waasser elo nach méi wäert bis zum Hals stoen. Alles dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass net ze akzeptéieren!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Ech wëll also hei kloer soen, datt mir als CSV natierlech déi doten Evenementer total condemnéieren. Esou eppes kann ee jo net guthalen. Ech soen awer gradesou kloer, datt, wann esou Saache geschéien, een awer muss d'Responsabilitéiten hannerfroen. Well wat do geschitt ass, an et ass schonn hei ugeklongen, dat ass jo alles, mee net glécklech gewiescht. An ech wëll och hei eppes ganz kloer soen an ech mengen, ech schwätzen och do am Numm vun alle Gemen-gemämm a Gemeengepäpp, ...

■ **Une voix.**- Mammen!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Mammen. Mammen! Entschëllegt.

(**Hilarité**)

Mammen, Mammen.

(**Brouhaha et hilarité**)

Entschëllegt! Ech entschëllege mech bei alle Gemengemammen!

(**Brouhaha et hilarité**)

Wat do passéiert ass, dat muss ee kënnen hannerfroen. An do hunn d'Gemengen nun awer wierklech guer keng Responsabilitéit! Ech wëll dat hei nach eng kéier betounen, well jo och ganz oft an der Press geschriwwé gëtt: „Jo, firwat geet d'Madamm Buergermeeschter an der Stad“, mee dat kéint och e Buergermeeschter muer vun enger anerer Gemeng sinn, „net dohinner a verbitt déi Demonstratioun?“

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat geet net! De Buergermeeschter oder d'Buergermeeschterin hunn net déi Kompetenzen, fir dat ze maachen. Hei si mer wierklech op engem Terrain, wou ganz eleng de Polizeiminister an d'Polizei d'Autoritéit hunn. Soss keen! Souguer mol soss keen aneren um Niveau vun der Regierung. Hei schwätze mer vum Polizeiminister a vun der Police. A vu soss kengem aneren!

Dir Dammen an Dir Hären, mir mussen also hei kënnen hannerfroen bei deem, wat de leschte Samschden do geschitt ass, wat do alles falsch gelaf ass, well ech mengen, et ass ganz kloer, datt hei eng ganz Rei vu Feeler geschitt sinn.

An ech wëll och direkt hei eppes virausschécken. Fir d'Alleréischts wëll ech virausschécken, datt jo d'Police selwer, an dat hu mer de Moien och nach an der Kommissioun erkläert kritt, eigentlech scho säit Deeg, souguer scho Mëtt vun der leschter Woch iwwert d'sozial Netzer wousst, datt et do géif zu net ugemellten Demonstratiounen kommen. Si woussten also Bescheid! Et kann also elo kee soen, si wäeren iergendwéi do iwwerrascht ginn.

Zweetens wëll ech och direkt hei soen: Wa mer elo hei eng Rei vu Froen opwerfen, huet dat nun iwwerhaapt näischt ze di mam Asaz a mam Engagement vun de Polizisten um Terrain. Mir wëssen, wéi schwéier si et de leschte Samschden haten, well se do mat enger riseger Grupp vu Leit konfrontéiert waren. A si haten do net d'Méiglechkeet, mat deene begrenzte Moyenen, fir vläicht alles dat ze ënnerehuelen, wat néideg gewiescht wär. Dat wësse mir a mir soen hinnen och nach eng kéier hei expressement Merci fir deen Engagement, dee se a schwie-rege Konditiounen de leschte Samschde gewisen hunn.

Elo kommen awer eng Rei vu Froen, déi ee muss stellen, an ech stelle se virun allem un de Polizeiminister. An ech soen och, datt mer de Moien an der zoustänneger Kommissioun schonn déi Froe gestallt hunn, an ech muss lech einfach soen: Mir hunn do leider Gottes keng zefriddestellend Äntwerte kritt. Aner Kolleegen hunn dat och virdrun hei scho gesot an ech mengen, dat geet net, léiwe Kolleeg Kox!

Hei hätte mir gär, datt voll Transparenz gespillt gëtt, Transparenz iwwert dat, wat de leschte Samschde gutt a vill manner gutt gelaf ass. Duerfir wëll ech elo nach eng kéier hei ganz kloer eng Rei vu Froen opwerfen. An ech hätt och gär, och am Numm vu menger Fraktioun, datt déi Froe géifen herno an der Debat beäntwert ginn.

Eng alleréischts Fro ass déi, wiwvill Leit effektiv de leschte Samschden do am Asaz waren. Dir braucht eis elo net eng genau Zuel hei ze nennen. Mee mir hätten awer gär en Ordre de grandeur. Ech mengen, et ass wichteg, datt mer dat alleguerte wëssen!

Zweetens géife mir gär wëssen: Wat ware genau d'Instruktiounen, déi déi Poliziste fir deen Asaz kritt hunn? Ass et do Instruktiounen ginn a wat fir eng waren dat?

Drëttens: Wien hat de Kommando fir déi Operatiounen an der Stad? Well et gëtt gesot, dat wär méi e jonken, manner erfuerene Beamte gewiescht, deen ...

■ **Une voix.**- O!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- ... do de Kommando hat, an d'Fro stellt sech, ...

(**Interruption**)

... firwat hei net zum Beispill den Direkter vun der Police-Stad de Kommando fir déi Operatiounen hat, vu datt ee wousst, datt et jo net einfach géif ginn.

Véiertens ass gesot ginn: „Mir hunn op eng Deeskalatioun gesat.“ Dat ass alles schéin a gutt, déi Deeskalatioun. Just muss een awer och d'Fro stellen: War dat net vläicht eng Noutstrategie, well zum Beispill net genuch Polizisten um Terrain waren? Och dat ass eng Fro, déi mir gär beäntwert hätten.

Fënneftens, an dat ass och de Moie schonn ugeklongen, stounge keng Poliziste virum Domicile vun Här Premier souwéi och net virum Domicile vun der Madamm Cahen. Mir wëssen awer, datt e puer Deeg virdrun, léif Kolleeginnen a Kolleegen, do schonn eng Demonstratioun war. Et war och eng Demonstratioun e puer Deeg virdru virum Domicile vun der Madamm Polfer. Et war also gewosst, datt déi Demonstranten nawell gär virun d'Haiser vu Politiker ginn. Firwat ass do net derfir gesuergt ginn, datt e Samschden de Mëtten d'Polizisten och virum Domicile vun Här Premier stoungen? Dat ass eng Fro, déi mir gär beäntwert hätten!

Eng nächst Fro, an dat ass och schonn e puermol ugeklongen, dat ass déi, wie bei deene Manifestanten derbäi war. Ganz besonnesch déi, déi do méi brutal virgaange sinn. Waren do Auslänner derbäi? Wat sinn do d'Erkenntnisser? Sinn dat eventuell Casseure gewiescht, déi aus der Belsch oder aus Frankräich derbäikomm sinn? Do waren de Moie leider Gottes net ganz vill Erklärungen ze kréien.

An dann, Dir Dammen an Dir Hären, muss ech awer op d'Kommunikatiounspolitik vum Policeminister ze schwätze kommen. An do sinn haaptsächlech zwee Punkten, déi fir eis awer ganz schwéier ze akzeptéiere sinn.

Et ass also bekannt gewiescht, datt Enn der Woch schonn op den Internetsitten opgeruff ginn ass fir eng wëll Demonstratioun. Mir - ech soe „mir“, an dësem Fall: d'Stad Lëtzebuerg, d'Madamm Buergermeeschter, aner Kolleeg vum Schäfferot - sinn ni iergendwéi am Virfeld doriwwer informéiert ginn! D'Madamm Buergermeeschter, an déi sëtzt hei, ass souguer mol net am Nomëtten iergendwéi vum Polizeiminister kontaktéiert ginn. Eréischt wéi d'Situatioun sech zougespëtz huet, war e Gespräch, dat si mam Direkter hei vun der Stad hat. An doropshin ass jo decidéiert ginn, d'Maert zouzemaachen.

Ech muss lech soen, datt dat net ka goen! An ech mengen, ech schwätzen do och am Numm vu ganz ville Gemegepolitikern, Buergermeeschteren a Buergermeeschterinnen: Wann esou Krise sinn, dann ass et dach dat Normalst vun der Welt, datt do deen zoustänneger Minister, an dat ass an dësem Fall den Här Kox, sech am Virfeld och mat deene Leit ofschwätzt, datt och d'Polizeidirektioun sech do géif ofschwätzen. Well dat dote ka jo net sinn, datt déi Gemengeverantwortelech eréischt um Terrain selwer eigentlech gesinn, wat do leeft.

An dann, Dir Dammen an Dir Hären, kommen ech och net derlaanscht, op déi Pressekonferenz do anze-go, déi den Dag duerno stattfonnt huet. Do muss ech lech einfach soen: Dat war nu wierklech keng Glanzleeschtung, Här Minister! An ech soen dat och ganz kloer hei: Dat war keng Glanzleeschtung, weeder vun lech nach vun deene Leit, déi do ronderëm souzen. Ech hu mer dat, wéi warscheinlech ganz vill Leit, virun der Tëlee um Stream ugekuckt an ech muss lech soen: An esou engem Moment ass et wichteg, datt een d'Leit berouegt dobaussen.

Abee, all déi, déi déi Pressekonferenz gekuckt haten, an ech mengen, där sëtzen der vill hei, waren doudsécher net méi berouegt. Au contraire! Déi hu sech vill, vill méi Froe gestallt wéi virdrun. An do muss ech einfach soen: Dat ass eng schlecht Kommunikatioun! An an esou Situatiounen geet dat einfach net, well Dir hutt duerch déi schlecht Kommunikatioun d'Police geschwächt, déi scho souwisou elo am Moment ganz schwaach dosteet, wat net gutt ass am Interessi vum Rechtsstaat.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, do sinn also eng ganz Rei vu Froen, déi sech stellen. Eng aner Fro, op déi ech elo net wëll am Detail agoen, datt ass déi vun de Strofen. Mir haten eng Diskussioun och scho mat de Vertrieder vun Parquet. An et muss ee sech wierklech froen, ob déi Infraktiounen, déi mir hunn, a besonnesch déi Strofen, déi do virgesi sinn, eigentlech nach duerginn, fir gewëssen Infraktiounen do ze bestrofen. Ech huele just d'Beispill hei vun anere Länner: An Däitschland, Kanada, do sinn d'Strofen elo ganz staark verstärkt ginn.

Ech wëll elo net direkt soen, datt een dat haut a muer, Här Premier, muss maachen. Mee zumindest wärem mir Demandeur, datt een eng kéier all déi Strofen do op de Leescht hëlt a kuckt, ob déi och nach der Situatioun appropriéiert sinn. Ech denken nottamment - an ech weess, datt dat eng schwieereg Fro ass, do kann ee sech vläicht och u Frankräich orientéieren -, wat zum Beispill d'Responsabilitéit vun Organisateuren ass, déi souguer zu Haass an aneren Infraktiounen opruffen, ob een do net vill méi och deenen hir Responsabilitéit kéint engagéieren.

Ech muss lech soen - an aner Kolleegen hunn dat matgemaach -, ech sinn do e bësselchen enttäuscht, well mer d'Gefill hunn, datt vläicht um Parquet déi Saachen elo net esou mat där Rapiditéit virukommen, wéi mir eis dat alleguerten hei géife wënschen. Mir hunn zwar als CSV vollt Vertrauen an d'Justiz, mee ech soen lech awer nach eng kéier, datt et wichteg ass, datt awer elo déi Dosieren hei virukommen. Well déi Leit, déi sech do géint d'Gesetzer gestallt hunn, déi gehéiere bestrooft! An déi gehéiere méiglechst schnell bestrooft, soss komme mir an där ganzer Diskussioun net virun.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi geet et virun? Ech hunn de Mëtten eng Rei Ukënnungen hei vum Här Premier héieren. Ech soen direkt: Déi ginn an déi richteg Richtung. Déi ginn an déi richteg Richtung, souwuel de Périmètre de sécurité wéi och d'Contrôle-d'identitéen. Ech mengen, dat si gutt Mesuren, déi mir als CSV och ënnestützen. Ech erkennen och un, soen dat och ganz éierlech, datt de Moien awer eng Rei Feeler souwuel vum Här Kox wéi vun der Police unerkannt gi sinn, nottamment wat d'Surveillance, Här Premier, vun Ärem Domicile ueget. Ech fannen dat ëmmer gutt, wann ee Feeler unerkennt, allerdéngs mussen dann och déi Feeler reparéiert ginn.

An, Här Kox, ech wëll dat och vläicht emol eng kéier hei soen: Dir sidd mir jo eigentlech e ganz sympathesche Mensch, ...

(**Hilarité**)

Dir gitt och mat ganz vill Asaz vir. Mir stellen eis awer heiansdo d'Fro, ob Der net iwwerfuert sidd. Ob Der net iwwerfuert sidd, an Dir sidd scho vläicht iwwerfuert gewiescht op der Gare. An ech hunn och fonnt, datt Der ganz iwwerfuert gewierkt hutt de leschte Samschden a besonnesch och de leschte Sonnden, wéi Der déi Pressekonferenz do ginn hutt.

(**Brouhaha**)

Mir, an ech soe mir alleguerten, d'CSV-Fraktioun, géifen op jidde Fall hoffen, datt all déi Mesuren, déi noutwendeg sinn, esou schnell wéi méiglech geholl ginn, dat och an enker Ofsprooch mat der Stad Lëtzebuerg, an ech mengen, déi Gespräicher lafen. Well mir alleguerten - an ech kucken och den Här Premier als Bouneweger Awunner -, mir kënnen eis, Här Premier, dat doten net méi erlaben! Mir musse wierklech alles ënnerehuelen, datt den nächste Weekend, den nächste Freiden, den nächste Samschden, den nächste Sonnden alleguerten d'Bierger kënnen a Rou, ouni aggresséiert ze ginn, an der Stad op hire Chrëschtmaart goen, an hir Geschäfte, hir Chrëschtagsakeef maachen. Do muss alles ënnereholl ginn, an dat geet nëmme mat vollem Asaz och vun der Regierung!

Här President, ech kommen zu menger Konklusioun. An ech wëll do awer och nach eng kéier eppes soen: Et ass och vill iwwert d'Roll vun de Politiker virdru geschwat ginn. An ech deelen alles dat, wat gesot ginn ass. Mir och! Et geet net nëmmen drëm, datt mir déi ganzen Zäit mam Fanger op d'Regierung weisen, och mir 60 hunn eng Responsabilitéit hei an deem Haus! Och mir mussen eis kënnen moies an de Spiegel kucken. Abee, hei ass zumindest een Deputéierten, ech weess net, wéi dee sech nach moies kann an de Spiegel kucken. Ech hunn op jidde Fall Schwieeregkeeten, fir dat kënnen nozevollzéien.

Ech muss lech och soen, ech hunn dem Här Kartheiser nogelauschert. Den Här Kartheiser huet hei d'Regierung kritiséiert. Mir maachen dat och oft. Ech muss awer soen: Wann een ee kritiséiert, Här Kartheiser, da botzt een a kiert een emol fir d'éischt viru senger Dier.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Et geet net, datt ee mam Fanger op anerer weist an et huet ee selwer bei sech esou Leit. An ech waarden nach ëmmer drop, datt d'ADR sech kloer distanzéiert vum Här Reding. Bis elo hunn ech dat nach ëmmer net héieren. Ech mengen, datt et wichteg ass, och fir den Image vun dësem Haus, vun dëse 60 Deputéierten, datt do eppes geschitt. Well soss muss ech mir wierklech Froen iwwer Är Partei, d'ADR, stellen, Här Kartheiser!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Ech kommen elo ganz zum Schluss, andeem ech nach eng kéier soen, datt dat, wat e Samschde geschitt ass, ganz grav

ass. An ech wëll och nach eng kéier hei soen: Wien hei degoutant Vergläicher zwëschent Impfkritiker an dem Holocaust mécht, deen huet all Anstand verluer. Wie sech géint d'Gesetzer an eist Matenee stellt, dee stellt och d'Demokratie a Fro. De Staat, d'Regierung hunn d'Flicht, hei alles ze maachen, fir de Rechtsstaat ze schützen.

An dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass fir mech dat Allerwichtigst. Et kann net sinn, datt hei eng Majoritéit vu Mënschen, déi während zwee Joer elo alles dat gemaach huet, wat d'Regierung gesot huet - an dat war net einfach! -, hei a Geiselhaft geholl gëtt vun enger Minoritéit. Dat kann net sinn!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- An ech géif dann och ofschléisse mat engem Zitat vum Joachim Gauck, deen eng kéier gesot huet: „Die Toleranz des demokratischen Verfassungsstaates endet dort, wo zu Hass und Gewalt aufgestachelt wird.“ Et geet elo déck duer!

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

*- vu les incidents qui se sont produits samedi dernier dans le sillage d'une manifestation contre la vaccination Covid-19 et les mesures sanitaires en place et à venir ;*

*- constatant que des manifestants ont forcé l'entrée de plusieurs marchés de Noël ayant eu lieu au centre de la ville de Luxembourg ;*

*- que des objets ont été abîmés ou démolis à cette occasion ;*

*- constatant que des attroupements de personnes ont eu lieu devant les maisons d'habitation de certains membres du Gouvernement ;*

*- que des objets ont même été jetés contre les façades de ces maisons ;*

*- condamnant avec la plus grande vigueur ces débordements ;*

*- constatant de surcroît que les mesures sanitaires sont de moins en moins respectées lors des manifestations contre le dispositif sanitaire en place ;*

*- considérant toutefois que la loi n'autorise pas une frange de la population de passer outre ces mesures ;*

*- qu'il importe de faire respecter la loi ;*

*- soucieuse de garantir la santé et la sécurité de nos concitoyens,*

*invite le Gouvernement*

*- à revoir le dispositif sécuritaire en place à l'occasion des manifestations à venir,*

*- à examiner la nécessité d'un durcissement des sanctions pénales ;*

*• pour les initiateurs de manifestations non autorisées,*

*• pour ceux qui ne respectent pas les mesures sanitaires en place.*

(s.) *Laurent Mosar, Léon Gloden, Martine Hansen, Gilles Roth, Claude Wiseler.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Här President, ech hätt eng Fro un den Här Mosar.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Goergen wëllt lech eng Fro stellen, Här Mosar. Här Goergen, wannech gelift.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här Mosar. Ech war och de Moien an där Kommissioun. A wann ech mech richteg erënneren, huet den Här Schrantz extra gesot, hie géif weeder d'Zuelen nach weider Detailer ginn, fir d'Sécherheet vun de Beamten net a Fro ze stellen. Ech sinn awer elo ganz verwonnert, dass Dir als CSV-Spreecher heihinnerkommt an e jonke Beamten hei un de Pranger stellt, deen anscheinend de Samschden ... Dir hat gesot, e jonke Beamte wär do am Déngscht gewiescht - ech hat déi Informatioun bis elo net -, a wéi dat hätt kënnen passéieren. Dat si Saachen, déi an enger Kommissioun mussen traitéiert ginn. Wa mir elo ufänken, d'Sécherheet vun eenzelne Beamten a Fro ze stellen, wa mir higin an eenzel Beamte kritiséieren an hei gär déi Detailer hätten, wou mer de Moie vum Här Schrantz ganz kloer erkläert kritt hunn, dass dat net glécklech wär: Steet d'CSV nach weiderhin zum Schutz vun de Beamten oder net?

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Här Goergen, Dir hutt mer net gutt nogelauschert! Neen. Dir hutt mer net gutt nogelauschert, soss hätt Der héieren, datt ech ...

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Dir hutt gesot: „Et war e jonke ...

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Nee!





■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*):- ... Beamten am Déngscht.“

■ **M. Laurent Mosar** (*CSV*):- Da lauschttert ...

(*Interruption*)

Loosst mech ausschwätzen, Här Goergen!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*:- Den Här Mosar huet elo erm d'Wuert.

■ **M. Laurent Mosar** (*CSV*):- Ech hu gesot, ech géif kënnen novollzéien, datt d'Regierung hei net kéint eng prezis Zuel ginn. Ech hu just gesot, si soll eis en Ordre de grandeur ginn. Iwwregens, Ären eegene Parteikolleg, den Här Clement, huet genau dat selwecht viru mir hei um Riednerpult gesot. Dofir verstinn ech dat elo net. Maacht lech awer vläicht fir d'éischt eng kéier mam Här Clement eens. Den Här Clement huet, wéi gesot, genau dat selwecht gesot. An ech hunn hei och kee jonke Beamten incriminiéiert. Ech hu gesot, wéi am Prinzip esou Asätz géife koordinéiert ginn an ob dat net eigentlech misst am Prinzip den Direkter oder de Chef vun der Stad sinn.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*):- A mir kruten do ...

■ **M. Laurent Mosar** (*CSV*):- Dat, an net méi an net manner!

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*):- ... eng vertraulech Informatioun, ...

■ **M. Laurent Mosar** (*CSV*):- A gitt, ...

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*):- ... déi Dir hei elo gesot hutt.

■ **M. Laurent Mosar** (*CSV*):- ... Här Goergen, gitt elo net Saache sichen, déi ech net gesot hunn!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*:- Dat do ass elo kloergestallt. An den nächste Riedner ass den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Claude Lamberty** (*DP*):- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn nach ëmmer schoc kéiert iwwert dat, wat de Samschden an der Stad virgefall ass. Dat, wat geschitt ass, ass geféierlech. Dat, wat geschitt ass, nennt een Iwwerschreide vu Grenzen. Dat, wat geschitt ass, ass net tolerabel.

De Premier Xavier Bettel huet de Mëtteg am Numm vun der Regierung dofir och daitlech Wieder fonnt. Wa cagouléiert Persoune matzen an der Stad Chrëschtmaiert stiermen, wa sanitär Mesuren net agehale ginn, wa Famillje mat Kanner menacéiert ginn, wann d'Press intimidéiert gëtt, wa bei nationale Monumenter, wéi der Gëlle Fra, Schëller an d'Luucht gehale ginn, déi un déi daischterst Zäiten erënneren, wa Privathaiser vu Regierungsmembere belagert ginn, da gëtt et näischt, awer wierklech näischt schéinzeschwätzen, ze verharmlosen oder iergendwéi ze toleréieren. Dat dierf einfach net virkommen!

■ **Une voix**:- Très bien!

■ **M. Claude Lamberty** (*DP*):- Dat Ganzt war en Ugrëff op d'Fundamenter vun eiser Demokratie. An deen Ugrëff, dee wäerte mir net akzeptéieren. Mir wäerten net de Kapp anzéien an eise Rechtsstaat wäert och net virun deene Leit an d'Knée goen. D'Demonstrationsrecht an d'Meenungsfreiheet gehéieren zu de Piliere vun eiser Demokratie. Dat ass de Mëtte méi wéi eemol gesot ginn. An et ass och dat, wat eis Demokratie mat Lieue féllt. Et ass dat, wat eis Demokratie ausmécht.

Wichtig ze soen, an ech wëll dat extra och nach eng kéier maachen: Mir dierfen net all Participanten un enger Manifestatioun an een Dëppe geheien.

(*Interruption*)

Mir mussen awer e klaren Ënnerscheid maachen tëscht de friddleche Manifestanten, déi hiren Desaccord wëllen zum Ausdrock bréngen, an de gewaltbereete Persounen oder souguer Casseuren.

Dat eent ass en Deel vun enger Demokratie, dat anert muss an engem Rechtsstaat mat allen, mat alle legale Mëttel bekämpft a verurteelt ginn! Dozou zielen och déi Leit, déi gemittlecht doheem op der Kusch sëtzen, sech d'Fanger net wëlle knaschteg maachen, mee just monter an de soziale Medie fir eng opgewullt Stëmmung a reegelerchten Haass suergen an doduerch awer am Hannergrond ganz, ganz geféierlech d'Fiedem zéien. Dat si Leit, déi soss näischt maachen, wéi Ueleg op d'Feier schëden. Dat nennt ee „Feierstëppler“: Leit, déi Fake news op de sozialen Netzwierker verbreden, Leit, déi hiren Deel dozou bäidroen, dass Journalisten intimidéiert ginn, Leit, déi op soziale Medien domadder droen, Virusvariante mat an d'Land ze schleefen an esou Mënscheliwien op d'Spill ze setzen.

Wann ee sech dann d'Billen an déi opgehetzt Stëmmung nach eng kéier virun Ae féiert, da kann ee wierklech vu Gléck schwätzen, dass et de leschte Samschde bei Materialschued bliwwen ass. Déi Leit haten deelweis soss näischt wéi Haass an hiren Aen. Et gouf glécklecherweis kee blesséiert, weeder opsäite vu Passanten, Commerçanten, Visiteuren um Chrëschtmaart nach opsäite vun der Police.

(*Interruption*)

Här President, mir haten déi lescht Wochen a Méint scho méi dacks d'Geleeënheet, fir iwwert de Sujet vun der Sécherheet am Allgemengen heibannen ze debattéieren. Mir hunn iwwert d'Presenz an och d'Ressourcë vun der Police geschwat an eis och mat hire legale Mëttelen auserneegesat. Mir hunn iwwert déi objektiv Sécherheetslag an awer och iwwert déi subjektiv Säiten, dat heescht d'Sécherheetsgefill, geschwat, doriwwer, wien am Land fir wat zoustänneg ass a wie vläicht d'Police punktuell an hire villfältegen Aufgaben ënnerstëtze kéint.

Ech wëllt un déi Diskussioun uknappen, och wann de Kontext dës kéier e ganz aneren ass. An do och vläicht nach eng kéier aleedend zu deem Volet: merci all de Beamten, déi an definitiv net einfache Konditiounen de leschte Samschden am Asaz waren!

Dann awer wichtig Froen: Wéi konnt et e Samschden esou wäit kommen? De Minister huet den Dag drop éischt Explikatiounen ginn, an ech begrëissen, dass hien direkt reagéiert huet. Mir mussen dat Ganzt séier opschaffen a kucken, wat een hätt kënnen an, jo, an Zukunft muss besser maachen, fir esou Virfäll ze evitéieren. Dat dierf sech einfach net widerhuelen!

A wann ech soen: „Wéi kann een esou Virfäll evitéieren?“, jo, da sti mir haut, Dënschden, just ganz genau dräi Deeg virum nächste Weekendsufank an domat virun där nächster, an ech fäerte ganz, ganz grousser Erausforderung. Dofir sinn déi richteg Froen och elo zu dësem Moment esou wichtig: War den Dispositif vun der Police der Situatioun de leschte Samschden ugepasst? Wéini hätt ee kënnen anescht agräifen, wéi eng Moyene wieren déi richteg gewiescht, an haaptsächlech: zu wéi engem Zäitpunkt? Ass d'Envergure vun där Manifestatioun vläicht ënnerschat ginn?

Dann och ganz wichtig: War genuch Renfort virgesinn? Muss eventuell d'Zesummenaarbecht mat auslännesche Kollege vun der Police ausgebaut ginn? Dann och ganz wichtig: Wéi gesäit et mam Ekipement bei eiser Police aus? An alles an allem, mengen ech, ass et déi Fro: Wéi kënnen mir eis Polizisten um Terrain esou ënnerstëtzen, dass si Mënscheliwien, eis Demokratie, eis Symboler beschtméiglech kënnen schützen? Dat sinn alles Froen, déi musse beäntwert ginn, well mer jo an Zukunft wëlle besser op esou Erausforderunge virbereet sinn.

An déi nächst Manifestatioun, déi steet jo scho quasi virun der Dier. Op de soziale Medie kurséiere schon d'Opriff, fir sech dëse Weekend ze rassembleieren. Dofir sinn d'Äntwerten op déi Froen hei esou wichtig.

Här President, et gouf déi lescht Deeg och vill iwwert d'Police an hir Approche, hir Strategie geschwat. Sécherlech, bei esou Evenementer muss ee ganz vill Fangerspëtzegefill hunn, ouni Zweifel. Mee och déi beschte Deeskalationsstrategie stéisst heiansdo u Grenzen. Et dierf net sinn, dass Chaote sech bei der nächster Manifestatioun soen: „A, d'Police intervenéiert eigentlech hei net wierklech, mee si begleet eis.“ Hei si Grenzen de leschte Samschden iwwerschratt ginn. Dat geet a mengen Ae wäit driwwer eraus, wat tolerabel ass.

Nieft dem séieren Opschaffe vun der Approche mussen déi Schëlleg zur Rechenschaft gezu ginn. Well et ware keng Bagatellen! An de soziale Medie kurséieren Honnerte vu Videoen, wou een d'Auteure ganz kloer a richteg drop erkennt. Ech hoffe wierklech, dass d'Enquête hei weiderkënn. Duerno ass et dann - genausou kloer gesot - un der Justiz, doriwwer ze befannen, sou wéi dat sech an engem Rechtsstaat gehéiert.

Ech erënneren an deem Kontext och nach eng kéier drun, dass ënner anerem och d'Demokratesch Partei sech fir den Asaz vu Bodycams bei de Polizisten ausschwätzt. Bodycams hätte sécherlech näischt verhënnert de leschte Samschden, mee kéinten alt elo erm eng kéier beim Opschaffe vun der Situatioun hëllefbräich sinn.

Här President, léif Kolleegen, jo, ech mengen, et kann ee soen, um Terrain war e groussen Duerjerneen. Et ware méi Gruppéierungen onofhängeg vuneneen an der Stad op ënnerschiedleche Plazen ënnerwee. D'Situatioun war deelweis ganz oniwiersichtlech a warscheinlech nach méi schwéier anzeschätzen. Jo, et war eng richteg grouss Erausforderung fir eis Police. Als DP-Fraktioun hoffe mir, dass sech déi Virfäll ni méi widerhuelen, net op engem Chrëschtmaart an och soss néierewou. Mir mussen eng legal an haaptsächlech ugemossenen Äntwert vun eiselem Rechtsstaat parat hunn. An do ass elo d'Police gefuerdert. An ech soen et ganz kloer: Dëse Weekend gëtt e ganz entscheidende Weekend. Mir mussen d'Grenzen dëse Weekend kloer definéieren!

Friddlech Demonstrante sinn an enger Demokratie en Deel vun der Meenungsfreiheet an déi hu genau hir Plaz an der Demokratie. Mee all Krawall, all muttwëlleg Beschiedegung, all Form vu Vandalismus, all Form vu Gewalt muss vum Rechtsstaat

direkt ënnerbonne ginn. Dat ass d'Aufgab vun de Forces de l'ordre, mee, an dat soen ech och, et ass och d'Aufgab vun all demokratesch denkende Matbierger hei am Land, andeems ee kloer seet: „Et geet elo duer!“

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**:- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*:- Merci villmools, Här Lamberty. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*):- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kollegen, ech mengen, hei si mer eis zu 56 eens, dass eppes geschitt ass, wat hei zu Lëtzebuerg net däréf geschéien. 56, net 31:29, mee 56, eng ganz, ganz grouss Majoritéit, déi hei kloer d'Zeechen no bausse gëtt: Dat, wat passéiert ass, mat all deem ronderëm, ass en No-Go! Éischt Feststellung!

Zweet Feststellung: Déi, déi d'Sueren, d'Froen, d'Ängscht vun de Leit, ob se berechtegt sinn oder net, politesch recuperéiere respektiv maskéiert an aggressiv géint Eegentum, géint Leit, géint Politiker virginn, leeschten deene Leit, déi berechtegt Sueren hunn, e Bierendéngscht. E Bierendéngscht! Déi Recuperatioun, déi gemaach gëtt, déngt der Saach net a gëtt och keng Äntwert op déi Surge vu Leit, déi versichen, se éierlech ze äusseren.

D'Äntwert op déi Kris, déi mer elo hunn, läit net doran, dass mer d'Land splécken, mee dass mer d'Land zesummeféieren, dass mer als Politiker net ausenanerdriften, wa mer gär hätten, dass d'Leit zesumme géint dee Virus virginn, mee méi no zesummeréckelen. Kritik selbstverständlech, mee wann et ëm dat „Eingemachte“ geet, da musse mer zesummen Äntwerten dorop ginn. Dat probéiere mer zesummen. Et gléckt eis net ëmmer, mee mir mussen et weider probéieren. An dat, wat de leschte Samschde geschitt ass, ass och eng Warnung un eis, wa mer ze vill ausenanerréckelen. Dat wëll ech hei mat Nodrock soen.

Op wat ech awer eigentlech eraus sinn, dat ass, dass mer hei ëmmer méi mat Hallefwouerechten, mat Ënnerstellungen, mat Ligen, mat Grenziwwerschreidungen, mat „Liebäugeln“ mat brongem Gedankegutt konfrontéiert ginn, an dat därfe mer net zouloossen.

■ **Une voix**:- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*):- Fir Hallefwouerechten ze illustréieren - an ech halen elo mol domat op -, huelen ech dat Beispill, dat ëmmer erm aus engem Eck widderholl gëtt an doduerch, dass et oft widderholl gëtt, net méi richteg gëtt: Hei wären an deene leschte Joren, an deene leschte 15 Joer, massiv Spidolsbetter ofgebaut ginn. Dat ass Quatsch! Net de Statec soll ee consultéieren, mee et soll een d'Carte sanitaire consultéieren, an aus där Carte sanitaire geet ervir, dass d'Zuel vun den normale Better, vun den Intensivbetter stabil bliwwen ass.

Jo, d'Populatioun ass an d'Luucht gaangen, mee parallell dozou sinn d'ambulant Behandlungen an d'Luucht gaangen, parallell dozou sinn eng ganz Rei vun neie Betterkategorien derbäikomm: Et si Longséjours-Better derbäikomm. Et sinn Dagesbetter derbäikomm. Et si Rehabilitatiounsbetter derbäikomm. An déi Zuel vun deene Better, déi viru 15 Joer an d'Vittrinn gestallt ginn ass, dat waren zum Deel theoreetesche Better, déi, wann ee kucke gaangen ass an d'Spideeler, guer net do waren! Well déi Better hu missen hierhalen, fir dass de Budget vun de Spideeler, dee se vun der Krankekeess deemools kritt hunn, oppaangen ass. Zënter 2010 ass d'Budgetiséierung awer do an do gëtt op d'Aktivitéit rembourséiert un d'Spideeler.

■ **Une voix**:- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*):- Da wëll ech soen, dass déi Diskussioun iwwert d'Better eng komplett falsch ass! Well wa mer Better brauchen - an dat hu mer gewisen an der akuter Phas vun der Pandemie virun engem Joer -, da kënnen mer se derbäisetzen. Wa mer Beootungsgeräte brauchen, da kënnen mer se derbäisetzen. Wat mer net derbäi kënnen setzen, dat ass Personal, an dat Personal leeft zënter annerhallwem Joer op de Felgen! A wa mer deem Personal wëllen zoomudden, dass et komplett zesummebrécht, da gi mer Messagen, dass mer déi Krankheet kënnen lafe loosser. Dat si falsch Messagen! An dat ass e Schlag an d'Gesicht fir déi, déi d'Staang riicht gehalen hunn, fir dass d'Kollateralschied vun deem Virus net nach méi grouss sinn an d'Situatioun besser ass wéi an den Nopeschlänner.

Wannechgelift, net déi falsch Messagen erausginn, dass mer solle méi Better schafen, fir dass mer de Leit et erlaben, méi krank oder méi schwéier krank ze ginn oder souguer ze stierwen! D'Äntwert ass eng ganz kloer: Et sinn net d'Politiker, déi d'Géigner sinn. Et ass de Virus, deen de Géigner ass!

■ **Plusieurs voix**:- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*):- Da sinn ech mer dat schëlleg, well ech selwer viru laange Jore Jour-

nalist war: Déi Aussoen, déi gemaach gi vis-à-vis vu Journalisten, déi quasi d'Zilscheif op de Réck vu Journaliste molen, dat verbaalt, virtuell Zerrappe vun enger Dageszeitung - net richtig zerrappen, mee d'verbaalt Zerrappe vun enger Dageszeitung - erënnert mech ganz staark un ee mat gielen Hoer: Fakenews, LigePress a sou weider! Ech wëll soen, dass eis Lëtzebuerger Press an deem leschten annerhallwem Joer eng gutt Aarbecht gemaach huet. A wa se recherchéieren, och wann dat engem net gefällt - et kann ee jo eng Géigenduerstellung maachen -, da soll ee keng Zilscheif op hire Réck maachen. Et soll ee sech vill méi och ëm Leit këmmen, déi en Opruff maachen, dass Leit, déi op eng Manifestatioun ginn, sech ouni Weideres kënnen vermummen, fir dass se net erkannt ginn. Och dat steet an deenen Artikelen.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir kommen nëmmen aus där heiter Kris eraus, wa mer net ausenanerlaffen, wa mer d'Leit net ausenanerdividéieren. Maache mer dat, da wënnst de Virus a ginn nach vill Leit krank a stierwen der vill, och déi, déi eis ganz no stinn. An déi, déi de Virus verharmlosen, invitéieren ech, mat mir zesummen just während zwou Stonnen op eng Intensivstatioun ze goen, a wa se dann nach Courage hunn, da kënnen se och nach een Dag mat upaken dem Personal, dat zënter annerhallwem Joer am Feier ass!

Déi, déi Holz openeestapelen, Bensinn dropschëden, d'Fixfeier do derniewentleeën a sech da woneren, wann een d'Fixfeier hält an et ufänkt, a soen, si hätten näischt do dermat ze dinn, déi hunn all Glafwierdegkeet verluer! An déi, déi e Virus verharmlosen, soen ech ganz haart an daitlech, sinn net déi richteg, fir d'Reglement vun eiser Chamber ze verteidige respektiv duerstellen!

Ech soen lech Merci, Här President.

■ **Plusieurs voix**:- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*:- Merci, Här Di Bartolomeo. A leschten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*):- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, jo, ech wollt och nach eng kéier kuerz Stellung huelen als Presidentin vun der Kommissioun vun der bannenzeger Sécherheet. Et ass elo scho ganz oft gesot ginn: Mir hunn de leschte Weekend eppes erlieft, wat mer esou an där Form hei am Land net gewinnt sinn.

Dass eng Manifestatioun esou aus dem Rudder leeft a Leit, verschidde Leit, eng Minoritéit vu Leit, hirem Frust mat Gewalt an deem Ausmooss fräie Laf loosser, dat hu mer bis elo esou net kannt. Dat ass eng Steigerung vun der Gewaltbereitschaft an och der Geschichtsverfälschung, déi net ze akzeptéieren ass. Wéini dee Moment, wou dat Ganzt sech dann awer effektiv dechainéiert huet, géif antreffen, dat war net genee viruszugesinn.

Mee Lëtzebuerg, dat wësse mer, ass keng Insel. Et ass och net verwonnerlech, dass déi Welle vu Gewalt, déi mer elo scho méi laang an anere Länner gesinn, sech och bei eis ufänken ze entwéckelen a sech eeben och dechainéieren. An do ass et natierlech eng ganz heikel Gratzwanderung, wéi een esou enger Situatioun begéint. Ab wéini gräift Deeskalatioun net méi an ab wéini kënnst dee Moment, wou ee méi staark muss agräifen, fir net ze riskéieren, d'Kontroll iwwer eng Situatioun ze verléieren?

An eppes misste mer egal wéi festhalen: Egal wat ee mécht, et ass ni e Garant derfir, dass een esou Situatioun ganz verhënnert kritt. Wann et wierklech esou einfach wier ze soen, dass ee mat méi engem haarden Duerchgräife géif esou eppes vermeiden, da géife mer déi Biller och aus dem Ausland net ze gesi kréien. Well do gëtt och ganz haart duerchgegraff an nawell errechen eis vun do Biller, déi alles anescht erséi schéi sinn.

Elo si mer awer op deem Punkt ukomm, wou mer och hei mat engem anere Mindset mussen un déi Saach erugeen, well mer mat Deeskalatioun eleng net méi hikommen. Well elo wësse mer, wat e Samschde geschitt ass a mir wëssen och elo, dass mer anescht mussen dorun eruge fir ze verhënnern, dass dat, wat passéiert ass, just den Ufank war.

D'Police huet eis matgedeelt, dass et hiert Haaptobjektiv war, dass um Chrëschtmaart an och anerwärts an der Stad keen zu Schued kënn, an dat ass hir och gelongen. Et ass dofir an eisen Aen och komplett falsch, elo ze soen, d'Police hätt op der ganzer Linn versot, wat ech leider hu missen op e puer Plaze liesen. Kann ee Saache besser maachen? Natierlech, et kann een ëmmer Saache besser maachen an dofir muss ee se och analyséieren. Mee mir dierfen net vergiessen, dass d'Police dëse Samschden derfir gesuergt huet, dass keen zu Schued komm ass, a si huet hiert Méiglecht gemaach, dass et net méi schlëmm ausgaangen ass.

Mir wëssen awer elo, dass mir en neie Level erreicht hunn an dass dat mat Sécherheet och keen





eemolegen Incident war. Dofir musse mer eis och elo aner Moyene ginn! Mir hunn e Samschde gesinn, wéi schnell et ka goen, an et ass wichteg, dass d'Poliziste prett sinn, fir esou Tentativen an Zukunft direkt am Keim ze erstécken.

Dofir si mir frou, dass de Minister Kox sech mat der Force publique zesummegeat huet an dass kloergemaach ginn ass, dass Maniffen, déi net reegelkonform sinn, esou an där Form net kënnen oflaffe gelooss ginn. Esou Manifestatiounen mussen ugefrot ginn. De Parcours muss festgeluecht sinn, well dat och soss eng Gefor fir den Ordre publique ass. Do ass et natierlech och wichteg, dass déi Koordinatioun ganz enk mat der Stad Lëtzebuerg stattfënnt, an dat ass hei och gemaach ginn.

Déi ganz Situatioun muss elo enger eingeeënder permanenter Analys ënnerleien a mir musse sécherstellen, dass dat dote sech déi nächst Wochen a Méint net widerhuele wäert! Dofir begrësse mir dat och ausdrécklech, dass d'Police-direktioun eis haut de Moien nach confirméiert huet, dass dat, wat geschitt ass, konsequent opgeschafft gëtt an dass déi néideg Schlussfolgerunge fir déi kommend Woche wäerte gezu ginn.

Esou ass eis haut de Moien och confirméiert ginn, dass d'Dispositif wäerte fir déi kommend Wochen eropgeschrafft ginn an dass d'Police déi néideg Moyene kritt, fir hirer Tâche kënnen gerecht ze ginn.

Wie sech net u Basisregelen hält, keng sanitär Mesuren anhält a gewaltbereet duerch d'Stroossen zitt, fir schlussendlech och nach de Chrëschtmaart ze stiermen, wou Famillje mat Kanner sech e schéinen Nomëtteg wollte maachen, wie Politiker, déi Entscheedungen am Sënn vum Allgemengwuel mussen huelen, drangsaléiert, se aschüchtert a se souguer aus hirem Doheem verdreift a virun hirem Doheem randaléiert, wie sech mat Affer vum Nationalsozialismus vergläicht, deem ass den ultimme Beweis dofir, dass e seng Stëmm net am Sënn vun dëser Gesellschaft erheft. Deem seng Stëmm dierf net ausschlaggeebend si fir déi Entscheedungen, déi am Sënn vun der gesamter Gesellschaft während enger Pandemie musse geholl ginn. Et ass eis Pflicht, alles ze maachen, dass hir Fantasie vun enger Parallellgesellschaft net toleréiert ginn!

Dofir lancéieren ech och eisen Opruff un all déi Leit, déi vläicht friddfertege sinn, mee awer mengen, si misste sech enger net ugefroter Manifestatioun, wou en plus nach vun Ufank u Gewalt ugekënnegt ginn ass, uschlëssen: Sidd lech bewosst, dass Dir domadder eng illegal Manifestatioun ënnerstëtzt! An net nëmmen dat, Dir ënnerstëtzt domadder Casseuren a Leit, déi nëmmen drop aus sinn, Gewalt ze verbreed. Wien do mattrëppelt, ënnerstëtzt genee deenen hir Agenda.

**(Brouhaha)**

Et ass dofir eisen Opruff u jiddereen, egal wéi en zu Covidmesurë steet, sech gutt ze iwwerleeën, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Hei, wannechgelift, e bësse méi roueg nach eng Kéier.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Lo hate mer et bal gepackt!

**(Interruption)**

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - An et ass dofir eisen Opruff u jiddereen, egal wéi en zu de Covidmesurë steet, sech gutt ze iwwerleeën, ob e wierklech wëll nieft Antisemiten an Antidemokrate matlafen an domadder deenen hir antidemokratesch Agenda ënnerstëtzen.

Zum Schluss wëilt ech vläicht och als Presidentin vun der Kommissioun nach e Message un d'Polizisten an d'Polizistinne ginn, déi am Asaz waren an och wäerten am Asaz sinn: Mir wëssen, dass Dir alleguer aktuell an enger ganz schwéierer Situatioun sidd an eng schwéier Laascht ze droen hutt. Mir zielen awer allegueren op lech a soen lech Merci fir Ären Asaz fir d'Sécherheet vun eise Bierger. An natierlech kritt Dir och de Réck vun eis heibannen, sief dat vun der Chamber wéi och vun der Regierung, gestäipt!

■ **Mme Lydie Polfer (DP).** - Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Villmools merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Empain. An da freet den Här Roy Reding d'Wuert fir Fait personnel. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Ech si frou, dass ech d'Geleeënheet kréien, menge Kolleegen hei e puer Wieder vun Erklärung ze ginn. Ech hunn Är Empörung iwwer e private Posting, deem ech op Facebook gemaach hunn, zur Kenntnis geholl an ech verstinn et. Ech verstinn déi Empörung.

Mee ech wëilt awer och, dass Der verstitt, wéi en entstanen ass. En ass entstanen aus schierer Verzweiflung. Et ass net onwürdeg, eng mënschlech Schwächt zouzeginn. Ech war deen Dag vun der An-

nonce vun deenen neie Mesurë verzweifelt, wéi ganz vill Leit hei am Land. Et verzweifelt een, wann ee gesäit, dass een aus dem soziale Liewen total erausgelooss gëtt, total ausgegrenzt gëtt! Är 2G-Reegelung heescht jo näischt anescht, wéi dass ech als Ongeimpften, och wann ech mech all Dag teste loossen, zertifizéiert teste loossen, mol net méi kann eng Taass Kaffi drénke goen. Ech weess net, ob Der dat verstitt.

An da kuckt, wéi verzweifelt Leit sinn, déi schaffe ginn, mat Ärer 3G-Reegelung. Déi mussen 22 Deeg de Mount fir 25 Euro en Test maache loossen. Dat si 550 Euro de Mount! Wësst Der, wéi vill Leit keng 550 Euro am Mount Rescht hunn? Wësst Der, wéi verzweifelt een ass, wann een e Restaurant opgemaach huet, an deem zéng Leit schaffen, an et kritt ee gesot, dass en Drëttel vun der Clientèle wäert ewechfalen, well ech se net emol méi ka getest erauloossen? A mir hu getest! Mir hunn dat ganz seriö duerchgezunn.

De Gilles Baum sot, et sollt een de Leit Loft fir ze liewe loossen. Mee et ass genau dat, wat hei geschitt ass: Et ass keng Loft méi gelooss gi fir ze liewen!

An dann d'Erklärung: Leit, meng Frënn, vill vu menge Frënn, sinn esou verzweifelt, dass se an hire Messagë matgedeelt hunn, dass se léiwer Corona kréien, wéi sech mussen impfen ze loossen, an dass se keen aneren Auswee méi gesinn, ...

**(Interruption)**

... dass se keen aneren Auswee méi gesinn, ...

**(Brouhaha, exclamations et coups de cloche de la présidence)**

... dass se keen aneren Auswee méi gesinn, wéi sech unzestiechen.

**(Interruption)**

Mee et ass awer esou! An et ass mat deem Hannergrond, an deem Kontext, wou Der mäi Post musst verstoen: Et war net e Post vun Zynismus. Et war e Post vun Empathie mat menge Frënn, déi an där doter ...

■ **Plusieurs voix.** - Oo!

■ **M. Roy Reding (ADR).** - ... Situatioun sinn. Ob Dir dat elo gleefft oder net!

**(Brouhaha et interruption)**

Ech hunn zum Streik an zum Widerstand opgeruff ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Bausch, loosst den Här Reding fäerdeg schwätzen!

■ **M. Roy Reding (ADR).** - Ech soen lech Merci, Här President.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Duerno dann.

■ **M. Roy Reding (ADR).** - Ech hunn zum Streik an zum Widerstand opgeruff an dat zéien ech och net zréck. Manifestatiouns- a Streikrecht huet all Mënsch, och en Ongeimpften. D'Fräiheet vum Choix ass a mengen Aen eppes, wat muss respektéiert ginn. An dat soen ech net als Antiimpfpriedeger, mee als e Mënsch, dee fir liberal Prinzipie steet!

Den Här Gilles Baum huet gemengt, ech sollt meng Demissioun aus der Chamber ginn. Ech ginn eppes ganz anescht: Ech gi mäi Versprieche, dass ech och weider all deene Leit eng Stëmm ginn, op déi net méi gelauschtert gëtt, déi als Faschisten, Antisemiten a Casseure veronglimpt ginn. Leit wéi Guy Kaiser, Bas Schagen, Christiane Wickler an esou weider an esou weider, déi haut mat mir un Pranger stoungen am „Tageblatt“, dass si keng Casseuren, dat si keng Faschisten, dat si keng Antisemiten, dat sinn déi empatheschst a sympatheschst Leit op Gottes Äerdbuedem!

**(Interruptions et protestations)**

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Jean-Marie Jacoby!

■ **M. Roy Reding (ADR).** - Déi Leit - si, mir, ech -, mir stinn net fir Hetz an Haass a Spaltung, mee fir Fräiheet a Mateneen a virun allem de Respekt virun all Mënsch sengem fräie Choix. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Reding. An da freet den Här François Bausch d'Wuert.

■ **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre.** - Här President, ech wëll net kommentéieren, wat den Här Reding elo gesot huet. Mee ech mengen awer, dass en eis eppes schëlleg ass, op dat en net agaan ass, wat fir mech dee graavste Punkt ass - wéi ech fannen - vun deem, wat e publizéiert huet, nämlech, dass en d'Nimm an d'Adresse vu Journaliste publizéiert huet, ganz geziilt, op engem Medium. An dat muss jo e Grond gehat hunn!

Ech wär interesséiert, wat säi Grond war oder seng Begrënnung war, firwat e Journalisten ëffentlech un de Pranger gestallt huet, wuel wëssend, dass dat natierlech mat deem Risiko verbundene war, wat jo och da geschitt ass, dass déi Journalisten natierlech duerno Drounge kritt hu respektiv doheem e kleng Besuch kritt hu vu Gott weess wem och ëmmer; dass jo nach net gekläert, mee dat wäert

vläicht eng Kéier nach gekläert ginn. Duerfir, déi Äntwert hätt ech gär. Déi interesséiert mech ganz staark.

■ **M. Roy Reding (ADR).** - Jo, déi Äntwert hunn ech scho ginn. Déi hunn ech och scho schréfflech ginn. Ech krut eng Ufro vum „Tageblatt“ - ech weess emol net méi, wéi dee Journalist heescht -, déi mech dermat konfrontéiert huet, do wier e Profill Roy Reding op Telegram an engem Netzwierk vun Ongeimpften: ob dat wierklech mäi Profill wier, ob ech géif wëssen, wat fir eng komesch Leit sech do erëmdreien, ob ech géif wëssen, dass do Fakenews verbreet ginn. Wann et e Fakekonto vu mir wier, ob ech géif gedenken, Strofanzeig ze stellen, a wann net, wéi ech et kéint verantworten, fir an deem Grupp Member ze sinn.

Ech hu ganz direkt op déi Ufro geäntwert. Ech hu gesot: „Jo, dat ass mäi Profill.“ „Jo, ech si Member an deem Grupp.“ „Jo, ech weess, dass et an deem Forum, wéi a villen anere Foren, komesch Leit gëtt a komesch Meenunge vertruede ginn.“ An ech hu gesot: „Vertraut op meng Intelligenz fir ze wëssen, wat ech iwwerpräien a wat ech gleewen a wat ech net gleewen.“

An ech hunn déi Ufro an déi Äntwert effektiv verëffentlecht, well ech fannen, dass d'Leit solle wëssen, dass Politiker ugeschriwwen ginn a gefrot ginn, firwat se an iergendengem Grupp sinn, wat ech eng ganz schlëmm Saach fannen, well et ass eng Privatsaach, a wat fir engem Grupp ech sinn. Mais bon, soit!

Et ass mer effektiv de Feeler ënnerlaf, deen ech zouginn hunn, dass ech e Copier-coller gemaach hunn, an d'Signature war mat dran. Mee d'Signature war déi mam Logo vum „Tageblatt“. Ech hunn net gelies, wat fir eng Nummern do drënnerstoungen. Et stoung dann eng Handysnummer dodrënner. Ech huelen un, dass dat dann eng berufleche Handysnummer ass an net eng privat, soss géif se jo net an der Signature vun der Zeitung stoen.

Zu kengem Ament, zu kengem Ament war et meng Intentioun, dee Mënsch un de Pranger ze stellen oder deem seng Handysnummer ze verëffentlechen oder wat och ëmmer! Et ass geschitt. Et deet mer leed, dass et geschitt ass, mee et war absolutement net d'Intentioun. Ech mengen, domadder ass dann alles gesot.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Reding.

**(Interruptions)**

D'Regierung huet d'Wuert, den Här ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Här President!

**(Brouhaha)**

Här President, just ee Saz!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Jo. Den Här Di Bartolomeo nach.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Just ee Saz, well et ugeschwat ginn ass, dass Leit ...

**(Interruption)**

Nee, ech wëll dem Här Reding jo aus senger Verzweiflung eraushëllef.

**(Hilarité)**

En ass vu Frënn ugeschwat ginn, déi sech léiwer géifen ustieche loossen, wéi sech impfen ze loosse. Un déi Frënn gëllt dat selwecht Ugebuert wéi un aner Kolleegen: Gitt mat mir eng Kéier zwou Stonnen op eng Intensivstatioun! Gitt mat mir een Dag an eng Klinik! Da gesitt Der, dass net den Impfstoff, mee de Virus eise gemeinsame Feind ass! Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Di Bartolomeo. An da freet nach den Här Yves Cruchten d'Wuert.

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Jo, Här President, ech géif gären den Här Reding eppes froen, well ech hu sengem Kolleeg, dem Här Kartheiser, virdrun nogauschtert, dee jo dann och hei sech distanzéiere wëllt vun de Krawallen - kommt, mir nennen et emol esou -, déi de leschte Samschde waren. Ech mengen, dass ass och dat mannst, wat mer allegueren hei sollte maachen.

Mee ech géif awer gären den Här Reding froen ... Mir hunn elo hei iwwer e puer Saache geschwat, déi hien a soziale Medie gepost huet. Ech géif hien awer gäre froen, hie post an de soziale Medien net nëmmen, dass e wëilt de Virus mat op Lëtzebuerg bréngen a gratis verdeelen dorëmmer, mee e schreift och, dass en zum Generalstreik oprëfft. An e schreift och, dass en de Leit seet, si sollte sech wieren an dass se Widerstand sollte ginn. A wann en da gefrot gëtt: „Streiken?“, da seet en, de Streik, dass wär dat mannst!

Mee dass ass jo eigentlech ... Wat kënn dann nom Streik? Dass ass jo en Appell un d'Rebellioun! An ass et dann net ze verstoen, kënn Dir lech dann net erklären, dass, wann Der esou Saachen de Leit sot an enger Stëmmung, déi déi Leit hunn, déi vläicht schonn opgelueden ass - an Dir hutt selwer gesot,

dass Dir selwer lech och beträff fillt -, a wann déi Leit sech beträff fillen, wann Der esou Saache sot, dass dat d'Leit ermontert, fir Zodi ze schloen? An dat, fannen ech, sollt Der lech eng Kéier duerch de Kapp goe loossen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zréck un den Här Reding.

■ **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Ech hunn effektiv zum Streik opgeruff an ech bleiwen och do derbäi. Ech fannen, och eis Gewerkschafte sollen net zouloossen, dass Mënsche musse bezuelen, fir d'äerfe schaffen ze goen. Mir hunn e ganz einfachen Auswee, dass ass eng 3G+Reegelung. Wa mer déi hätten, an zwar souwuel op der Aarbecht wéi am soziale Liewen, da wier de Problem geléist!

An déi 2G-Reegel plus déi 3G op der Aarbecht si just do, an dat gëtt jo och offiziell gesot, fir Drock op déi Ongeimpft auszeüben, fir hiet Liewen onkamoud ze maachen. Dass ass a mengen Aen eng Rechtfertigung, déi net kann akzeptéiert ginn. A wann ech Member wier am Komitee vun enger Gewerkschaft, hätt ech gesot: „Kanner, kommt, mir streiken!“

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.** - Sou wäit kënn et nach, dass Dir lech an de Komitee ...!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Reding.

Da kritt elo d'Regierung d'Wuert, den Här Policeminister Henri Kox.

**(Brouhaha)**

Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Mosar vläicht, Dir sidd mer och ganz sympathesch, mee ech deelen awer och net direkt Är Konklusioun.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech hat mer dat bal geduecht!

■ **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure.** - An ech hoffen, dass meng Ausféierungen zumindest en Deel vun Ären Zweifelen dann ophiewen.

Fir d'éischt wëll ech awer och domat ufänken, de Poliziste fir hiren Asaz Merci ze soen, dee se de leschte Samschde geleescht hunn, a virun allem, mengen ech, an dat ass scho virdru gesot ginn, fir hir Asazbereitschaft net nëmmen dëse Weekend, mee och fir déi zukünftige Erausforderung, déi do ass.

Et wäert eng ganz grouss Erausforderung fir eis Police grand-ducale sinn, mat deels net einfache Situatiounen, déi se och schonn dëse Samschde gesinn an och erlieft huet. An dofir huet se all eis Ënnerstëtzung. An dat, mengen ech, huet een och gréisstendeels haut de Mëtten hei héieren.

Jo, dass hu mer de Moien an enger ganz sachlecher, mengen ech, awer och konstruktiver Auseenansetzung, net Auseenansetzung, an engem Gespräch an der Kommissioun gehat. Et war net alles perfekt! Mir hu Loft no uewen, fir déi Situatioun besser an de Grëff ze kréien, awer och besser opgestallt ze ginn.

Eng éischt Analys war sécherlech d'Kommunikatioun, wou den Direkter aus der Stad Lëtzebuerg och esou der Madamm Polfer et haut gesot huet, dass bei där ganzer Organisatioun vläicht déi Kommunikatioun zu deem Moment net richtig war. An dat wäerte mer an Zukunft, an ech kommen herno och drop zréck, natierlech och besser maachen.

Dat Zweet ass ganz kloer: D'Situatioun zu Bouneweg, virun zwee Haiser vu Ministeren, war och net akzeptabel. An et war och do d'Proaktivitéit vun der Police versus Reaktivitéit, wou u sech den Ordre vun der Einsatzleitung war, fir de Schutz do maximal ze maachen, wat hei kann ...

Mee ech wëll awer soen, dass d'Scholdzouweisung déi Falsch hei trëfft. D'Scholdzouweisung d'äerfe mer net der Police maachen. D'Scholdzouweisung ass ganz kloer deene gewaltbereite Manifestanten entgéintzebréngen an och enger ganzer Rei friddlechen, déi sech deem dann ugeschloss hunn, fir onkontrolléiert duerch eng Stad ze goen an do duerch Terror deels ze verbreed.

Dofir, d'Analyse si ganz intensiv amgaangen, d'Analyse souwuel mat der Police judiciaire wéi och mam Parquet. An och den Austausch, dee mir gemaach hunn déi lescht Deeg, ass jo ganz positiv an deem Sënn, dass mer aus deenen Erfarungen, déi mer do gemaach hunn, eis och besser opstellen.

Iwwert déi Erfarungen, an dat kann een an der Press liesen, ware ganz interessant Artikelen déi lescht Deeg an internationalen, héich ugesinnene Presseorganer. Jo, mir hunn et mat engem ganz neie Phänomeen ze dinn. Jo, et ass net esou einfach, en onkontrolléierte Mob am Grëff ze behalen. Jo, et ass ganz disparat opgestallt, well keng genau Identifizierung vun deem méiglech war oder dass schwéier nozevollzéien ass.





Déi Aarbechte sinn amgaange gemaach ze ginn. Do gëtt intensiv dru geschafft an och déi néideg Enquête gi weidergefouert, fir dass d'Justiz an hire Beräicher ka weidergoen.

Jo, et ass hei um Fundament vum Rechtsstaat gerüttelt ginn. An dat ass net akzeptabel an dat wäerte mer och net akzeptéieren. A mir wäerten och entspriechend déi néideg Moyenen zur Verfügung stellen, fir dass och an deem Mooss den Ordre public, dee mir als Police grand-ducale och laut eiser Constitution auszeféieren hunn, beschtméiglech am Interessi vun alleguerten den Awunner hei am Land kann ausgeféiert ginn.

Op dräi Punkten, wat en No-Go ass, wollt ech nach eng kéier agoen.

Et ass éischtens den Haass, deen opgedriwwen ginn ass (veuillez lire: dee verbreet ginn ass), déi Angschtverbreedung, déi net akzeptabel ass. Dat eent ass symbolkräfter, institutionell, wéi d'Chamber, dat därff och net kënne passéieren. Awer och virun enger Gëlle Fra därferen esou Aussoen an esou Plakater net kënne gewise ginn.

An dann, ech si virdu schonn drop agaangen, geziilt Attacken, geziilt Aschüchterung vu Persounen, geziilt Bewegungen innerhalb - bis hin zu Vandalismus - a viru privaten Haiser.

Jo, mir hunn dat awer am Virfeld analyséiert. Ech net, awer d'Ekippen, déi zoustänneg Ekippe vun der Police maachen ëmmer eng Analyse des risques allkéiers, wann eng Demonstratioun iergendwou ugefrot gëtt oder scheinbar kéint passéieren, wann dann iwwer en Netz dozou opgeruff gëtt. Dat ass analyséiert ginn.

D'Risikoabschätzung ass och eng gewësse Stuf an d'Luucht gestallt gi fir déi néideg Effectiver, déi virdu bei all deenen Demonstratiounen do waren, déi mer haten. An do musse mer awer fairerweis vis-à-vis vun der Police, awer och fairerweis zu deenen Demonstratiounen, déi virdu waren, Holz upaken, hei d'Pupitre upaken, well et net zu deene Gewaltex-cèse komm ass, déi deals am Ausland ze gesi sinn an all de Groussstied, wou massiv Ausenanersetzungen tëschent dem Ordre public, der Police, an den Demonstrate sinn.

Mir hunn den Effectif substanzuell an d'Luucht gehuewen. Ech kann déi Zuel net nennen, ech wëll se net nennen. Jiddefalls, d'Gefor, déi dermat zesummenhängt, ass vläicht eng Verharmlosung vun den Effectiver, déi do sinn. Mir setzen eis Poliziste méi a Gefor. Mee ech kann lech awer versécheren: Par rapport zu all deenen Demonstratiounen, déi virdu waren, ass eng substanzuell Erhéijung derbäikomm. Awer och, Dir wësst, dass mer e ganz performanten ELS-System hunn, dat heescht „Einsatzleitsystem“, dass ganz vill Patrullen iwwert d'Land mat an der direkter Kommunikatioun waren, fir direkt kënne mat erbäigezunn ze ginn.

Et war jo d'Suerg, an dat ass ëmmer déi Haapt-suerg, dass et zu kenge Gewaltausbréch soll kommen. Vu d'Situatioun, dass eng immens Mass vu Leit awer do war, war et immens sensibel. An ech muss do der Buergermeeschtesch awer Merci och soen, well ech weess, dass se am Austausch mat der Direktioun vun der Asazleitung dee Moment war, fir zesummen déi ganz explosiv Stëmmung ze reegelen an dee Moment an der Deeskalatioun, besonnesch dee Moment, wou et um Chrëschtmaart war, deem entgéintzewierken.

An et ass eis och gelongen dee Moment. Et ass eis gelongen, well mer et fäerdegbruecht hunn, zäitno - an dat ass d'Kompetenz gewiescht vun der Buergermeeschtesch - ze soen: „Mir maachen de Chrëschtmaart zou“, a Konzertation mat der Police, fir deem entgéintzewierken.

Mir haten et hei mat enger net offiziell ugemellter Manifestatioun ze dinn, wou een net ëmmer weess, wa Leit sech zesummendinn: Ass dat eng Demonstratioun? Am Virfeld - well dat ass gesot ginn -, gëtt dat jo och duerch déi Risikoofschätzung, wa mer wëssen, wat op eis duerkënn, ëmmer gemaach.

Dir hutt déi gréisser Manifestatioun vu polnesche Gewerkschaften, wann ech dat därff als Beispill nennen, wou et ganz kloer war, dass en Austausch war, e konstruktiven Austausch mat deenen, déi op Lëtzebuerg deemools komm sinn. An och déi Gewerkschaft selwer war gewëllt, dat friddlech oflafen ze loossen, an deen Austausch ass permanent gewiescht, och fir dee Korridor, dee se da gaange sinn. An do gëtt jo mat der Police, awer och mat der Gemeng, fir dann d'Autorisatioun vun der Gemeng ze ginn, ofgeschwat, wéi ee Wee se kënne goen. An dee Moment konnt d'Police deemools och e ganz flotte Parcours mat der polnescher Gewerkschaft ausmaachen. An deen ass och agehale ginn.

Och déi aner, och bei enger Marche blanche ass bis elo iwwert dee Wee mat der Police, mat der Gemeng, mat der Stater Buergermeeschtesch gekuckt ginn, fir dee Parcours kënne ze maachen. Hei war et net méiglech, well keen direkten Usprichpartner do war. An et ass awer versicht ginn, op deem Plang och déi néideg Zesummenaarbecht ze sichen.

Dat heescht, de ganze Kommando ass richtig ofgelaf, mat deenen Aschätzungen, déi mir am Virfeld haten an och an där hirer polizeilecher Ausféierung awer konnte maachen. An dofir, mengen ech, hu se awer och e Luef verdéngt, fir dat kënne dann och ëmzesetzen.

Et gëtt probéiert bei all Manifestatioun am Virfeld. An dat si mer elo och amgaangen. Dir hutt verschidde Moyenen elo virdu scho genannt: Fir e sougenannte Périètre de sécurité - dat ass den Artikel 6 vum Policegesetz -, dat kënne mer net asetzen. Mir hunn de Moien - a gëschter ware mer jo zesummen -, mir hunn a verschiddenen Instanzen, och am État, zesumme mat all den zoustännegen Instanzen, déi an deem Fall musse gehéiert ginn, eng Léisung fonnt: dass mer déi Korridore wäerte virschreiw, wou mer wëllen hinne matdeen, wou et méiglech wär, fir esou eng Demonstratioun ofzehalen.

Mir hu gesot, verschidden Artikelen, déi ech selwer zur Verfügung hunn aus dem Policegesetz, wäert ech asetzen: ënner anerem den Artikel 5, wat d'Kontroll vun der Identitéit betrëfft, respektiv och den Artikel 14, dee souwisou scho seet, wann et bei konkreeten Evenementer zu geféierleche Situatiounen ka kommen, dass d'Police dann och wäert astoen.

Ech kann lech net zueleméisseg dat elo soen, awer ech kann lech versprechen, dass eng substanzuell ganz héich Konzentratioun wäert entsto, fir sech deem och ze widdersetzen, wann et nach eng kéier zu deene Situatiounen sollt kommen.

Mir hunn och mat der Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg ausgemaach, dass si och d'Kompetenz fir d'Requisitioun vun de Poliziste mécht, fir entspriechend déi néideg Moossname kënne duerchzeféieren.

Jo, mir wäerten d'Polizisten och an hirer Maintien-de-l'ordre-Ausrüstung mat an der zweeter Rei hunn. An dofir, doriwwer eraus wëll ech hei elo net méi an d'Detailler agoen, well dat dann awer scho polizeitaktesch gëtt.

Wat ech awer wëll soen, dass awer och déi Léieren, déi mer gezunn hunn iwwert de Weekend, direkt an engem konstruktive Gespréich souwuel mat der Gemeng, souwuel mat den Autorités judiciaires wéi och mat sämtlechen Instanze gezu gi sinn, fir wierklech déi Situatioun net méi kënne ..., oder am Keim ze erstécken, wat dat och ëmmer heescht, awer jiddefalls d'Situatioun an der Stad Lëtzebuerg kënne ze vermeiden, mat all eise Moyenen, déi mer eis zur Verfügung stellen.

Déi Fro iwwer auslännesch Awierkung, jo, gëtt gepréift, ass amgaangen och noverfollegt ze gi mat deene Moyenen, déi mer zur Verfügung hunn. Do gëtt och nach eng kéier intensiv mat den Noperen driwwer diskutéiert, mat deem Austausch, dee mer jo kënne hunn, fir dass mer do beschtméiglech och Informatiounen hunn, fir dass déi Situatioun, déi intenabel op verschiddene Plaze war, och net méi kann optrieden.

Dir verstitt, dass ech elo net an all Detail kann nach eng kéier agoen. Ech muss awer soen, dass mer déi nächst Deeg och ganz intensiv mat der Stad Lëtzebuerg nach eng kéier Kontakt hunn an och mat de juristeschen Autoritéiten, fir esou gutt wéi méiglech opgestallt ze sinn. An dann hoffe mer, dass mer all zesummen dat och meeschteren.

Well hei ass et en Zesummeschluss vu sämtlechen demokratesche Kräfte, déi mer hei am Land hunn, fir den Opruff och ze maachen, déi Trennung ze maachen vun deenen, déi Gewaltpotenzial hunn, an déi wierklech och geziilt ze identifizéieren an ze neutraliséieren. An ech hoffen, dass eis Police mat hirer effektiver Aarbecht, awer och mat hirem Courage deem entgéintwierkt. Dofir soen ech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Här Policeminister Henri Kox. Parole après ministre fir den Här Laurent Mosar.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, merci. Merci och dem Här Minister fir déi Explikatiounen.

Ech wollt awer fir d'éischt nach eng kéier Akt dovou froen, datt de Minister hei unerkent, datt zumindest op zwee Punkten, déi mir jo och hei kritiséiert hunn, d'Kommunikationsstrategie an och d'Bewachung vum Domicile vum Staatsminister, Feeler geschitt sinn. Et ass ...

(*Interruption*)

Jo, neen! Ech mengen, ech hunn dat elo esou verstanen, ech wëll dat och nach eng kéier hei festhalen, well Dir jo och gesot hutt, Här Minister, ech hätt do villes gesot, mat deem Der net kéint averstane sinn. Ech hunn eng Rei vu Punkten hei incriminéiert, dont déi zwee do, wou ech gesot hunn, ech hätt dat och esou de Moien an den Explikatiounen an der Kommissioun verstanen, datt et op deenen doten zwee Punkten net richtig gelaf wier an datt do Verbesserungbedarf wier. Kommt, ech mengen, wann Der dat sot, stitt och derzou!

■ **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Ech sti jo dozou!

(*Brouhaha*)

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ma dann ass et gutt. Ech wollt dat ...

(*Interruptions diverses*)

Ech wollt dat nach eng kéier éischtens soen.

Zweetens, Här Kox, hutt Der mer awer net op zwou Froe geäntwert. An et geet elo hei net drëm, datt Dir elo, besonnesch fir deen nächste Weekend, hei d'Strategie vun der Police verrot. Dat wëllt keen. Et geet hei drëm, wat de leschte Weekend eventuell vu Feelentwécklung war, fir datt een och déi Feelentwécklung ka festhalen an déi redresséieren en vue vum nächste Weekend.

Ech hunn lech zwou Froen do gestallt. Déi éischt war: Wat waren d'Instructionen un déi Polizisten, déi an d'Stad geschéckt gi sinn? Wat kruten déi vun Instructione vun der Direktioun oder vun deene Leit, déi do dee Moment de Kommando haten?

Zweet Fro: Déi Deeskalatiounsstrategie, wou jo vill dervu geschwat ginn ass an de leschten Deeg, war dat eng Noutstrategie, well eventuell net genuch Leit um Terrain waren? Oder war dat vu vireran eng Strategie, déi vun der Direktioun esou preconiséiert ginn ass?

Ech mengen, dat sinn trotzdeem wichteg Punkten! Et ass jo awer, et geet eis jo alleguerten drëm, datt dat net méi soll virkommen, wat de leschte Samschde geschitt ass. Do si mir jo alleguer d'accord. Da musse mer jo awer och versichen do ze verbessern, wou et eeben net esou gelaf ass. Dat do sinn zwee Punkten, mengen ech, déi sinn net onwichtig. Duerfir wär ech awer frou, wann ech do nach eng kloer Äntwert géif kréien.

An da wëll ech nach eng kéier hei widderhuelen, ech hunn et schonn e puermol gesot, mir, d'CSV-Fraktioun, mir stinn honnertprozenteg hannert der Polizei, de Polizisten. Déi Jongen an déi Meedercher, déi Madammen an déi Hären hunn e super Job gemaach. An et ass net deenen hire Feeler, wa verschidde Saachen aus dem Rad gelaf sinn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Kox.

■ **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure.** - Nach eng kéier: D'Strategie vun der Police, säit jeehier hei a Lëtzebuerg, ass d'Deeskalatioun. Dat ass hir Ausbildung iwwert den Usage de la force, deen als leschte Moya anzesetzen. An esou Situatiounen, wéi se dese Weekend waren, war dat méi wéi richtig, méi wéi opportun. Well et war net virauszegesinn ...

Sécherlech war virauszegesinn, dass eng gewëssen Unzuel vu Leit kënn, mee et war net virauszegesinn, jiddefalls no den Erkenntnisser, déi mir haten, déi och an de Kreesser vun der Police analyséiert goufen opgrond vun all deenen Informatiounen, jiddefalls net, dass déi Onmass ënnerwee war. An dofir war d'office ëmmer eng Deeskalatioun.

Mee d'Proaktivitéit, déi Der elo ernimmt hutt, op verschiddene Plazen, jo, do kann nogebessert ginn, dass mer och entspriechend ausgerëscht ginn. An dat wäert och de Fall sinn. An dat hu mer jo, an deene geuerdete Manifestatiounen, dat mer kennen an der Vergaangenheet, ass eis dat jo och ëmmer gelongen! Da war de Maintien de l'ordre vun der Police och esou opgestallt, fir deem Rechnung ze droen.

Mee da muss een awer ee vis-à-vis hunn, deen och Usprichpartner ass. Et muss een och ee vis-à-vis hunn, mat deem een en Dialog ka féieren, dass een zesumme kuckt, fir eng Léisung ze fannen an, wann et awer disparat ass - an do musse mer eis drop astellen, a mir sinn elo drop agestallt -, fir deem entgéintzewierken.

Dofir mengen ech, dass dat eng Philosophie ass, déi och iwwegens déi belsch Polizei mécht an hirer Ëmsetzung. Well mir hu jo vill Kontakter mat der Belsch. Mee déi Biller, déi am Ausland de Moment ënnerwee sinn, déi musse mer eis awer och erspue. Mir därferen net zu där Gewaltausartung kommen, wéi dat deals Biller vu Bréissel, Amsterdam oder Berlin weisen. Jiddefalls, mir sinn opgestallt, fir deem gutt gerecht ze ginn nächste Weekend. An net nëmme nächste Weekend!

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An da Parole après ministre fir d'Madamm Lydie Polfer.

■ **Mme Lydie Polfer (DP).** - Här President, léif Kolleegen aus der Chamber, et ass elo de Mëtte vill vun der Stad geschwat ginn a vun deem, wat mer alleguerten e Samschdeg gesinn hunn. An ech sinn immens frou kënne feststellen, datt heibanne jiddwereen - jiddwereen - déi Biller fir inakzeptabel gehalten huet. Jo, och den Här Kartheiser!

■ **M. Roy Reding (ADR).** - Bravo!

■ **Mme Lydie Polfer (DP).** - Dat ass wichteg. Well ech mengen, mir hunn alleguer dat Gefill gehat: Dat do gehéiert net zu Lëtzebuerg. Dat ass net Lëtzebuerg.

Mee et war awer! Et war awer! An ech wëll elo net drop agoen, well ech mengen, de Minister huet et selwer gesot, an d'Police, wéi mer gëschter a virgëschter zesumme geschwat hunn: Jo, do si Saache gelaf, déi besser hätte kënne lafen. Dat ass ganz sécher. Mee villes ass awer ... Ënner deene Gegebenheeten, mat deem Mob vun iwwer 2.000 Leit, wann do Verschiddener eppes anescht gemaach hätten, gleefft mer, dann hätt et ganz anescht kënne ausgoen, a vill, vill méi schlëmm! An dofir soen ech deene Leit, deene Polizisten, mat deenen ech dee Moment sur place a Kontakt war, wierklech e grouse Merci.

Wat duerno méi spéit am Owend geschitt ass, do si mer eis och all eens: Dat hätt net dierfe sinn. Dofir wäerte mer jo suergen, datt dat eeben och an Zukunft, fir deen nächste Weekend an awer och doriwwer eraus, anescht wäert ugaange ginn.

Eppes muss ech awer och hei ënnersträichen, an ech mengen, et war den Här Clement, deen dat gesot huet: Et ass elo vill vun Deeskalatioun geschwat ginn. Jo, dat gehéiert klasschescherweis zu enger Interventioun, woubäi et dann awer och vläicht muss zu anerem Aktiounen kommen!

Mee mir sollen och derfir suergen, datt an eise Rapporte mateneen an och mat deene Leit, déi effektiv enger anerer Meinung sinn ... A vill vun deene Leit, déi eeben do waren, jo, déi hunn eng aner Meinung. Mir sinn net frou doriwwer a mir deele se net. Mee ech mengen, mir mussen och do weisen, datt mer dat héieren an datt mer awer, an dat soll meng Konklusioun sinn, en Opruff maachen un all déi verstänneg Leit, déi vläicht och dee leschte Samschdeg derbäi waren an déi warscheinlech net wollten dat gesinn, wéi et ausgefuer ass.

Déi kënne gewëss hir Meinung nach ëmmer hunn, awer mir wäerte versichen, an d'Regierung wäert awer nach versichen (veuillez lire: nach versichen, se ze iwwerzeegen) - an dat hu mer och des Woch fäerdegbruecht, well et sinn der, et hunn der eng ganz, ganz Rei sech och an der Groussgaass geimpft -, mee och dat zur Kenntnis huelen an awer all deene Verständnege soen: „Bei deene Manifestatiounen, déi dann do ugesot sinn, sidd lech bewosst, datt, wann een do matmécht, ee riskéiert, selwer zur Verantwortung gezunn ze gi fir Aktiounen, déi do kënne gescheien, fir déi een net wëllt d'Veantwortung droen.“ Well dat ass dee leschte Samschdeg geschitt.

Elo ka kee méi soen: „Dat wollt ech net. Dat wousst ech net.“ Dat wier wierklech mäin Opruff un all verstänneg Leit, och, wéi gesot, wa se net der Meinung sinn, wéi hei d'Majoritéit, déi grouss Majoritéit se vertritt. Mir respektéieren dat, dat muss ee respektéieren. Mee eebe just, kommt, mir hu Respekt vis-à-vis vu jiddweregem!

A wann ech nach engem och wëll Merci soen hei, dann ass et de Forainen! Well et hätt kënne vill méi schlëmm ausgoen, wann d'Forainen net direkt, wéi ech se gefrot hunn a wéi mer dat mat der Police gesot hunn, fir hir Bude wierklech ganz schnell zouzemaachen, wa si dat net direkt matgemaach hätten an dat net matgedroen hätten. Well si sinn déi Éischt natierlech, déi direkt hei eppes verluer hunn. Et ass vu materiellem Schued geschwat ginn: Jo, si hunn es vill a si hu schwéier Joren hanneru sech! Ech mengen, och do muss mer drun denken. A wéi gesot, och deen Appell un all déi verstänneg Leit: Denkt och u si!

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci der Madamm Polfer fir dee Message, deen Opruff an dee Merci. An da ginn ech d'Wuert un den Här Sven Clement, och fir Parole après ministre.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Merci och dem Minister fir seng Explikatiounen. Ech begrëissen, datt d'Police wëllt op Deeskalatioun setzen. Ech ginn dem Minister awer net Recht, wann e behaupt, datt dat, ech zitieren: „säit jeehier“ geschitt wär. Ech ernnere mech ganz gutt un Demoe vu Schülerinnen a Schüler op enger Rouder Bréck, déi do op eng Spuer gedréngt goufen, fir datt de Verkéiersfloss sollt lafen. Bei Schülerinnen a Schüler ass dat also gaangen, do huet d'Police dann éischter eskaliert wéi si.

Da bei der Freedom not Fear deemools, dat mussen elo bal 15 Joer hier sinn, wéi mer géint den Iwwerwachungsstaat demonstrieren hunn, si mer mat Policeautoen ofgedréngt ginn. Ech ernnere mech ganz gutt drun, datt eng vu mengen éischte bewosste Rencontre mat de Forces de l'ordre deemools war, datt e Policeauto mer bal iwwert d'Zéiwe gefuer war, well ech demonstrieren hunn.

Ech si frou, datt dat haut net méi de Fall ass an d'Police wëllt op Deeskalatioun setzen. D'Fro stellt sech just: Da soll et awer och net „deux poids, deux mesures“ sinn, mee da sollten all d'Demonstratiounen d'nämmelecht behandelt ginn. Ech mengen, et ass wichteg, dat hei awer nach eng kéier festzehalen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Här Clement fir dee Bäitrag. Ech mengen, do war keng





Fro dran. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm.

#### Résolution et motion

Mir kommen dann elo nach zur Ofstëmmung iwwert d'Resolutioun respektiv iwwert d'Motioun.

#### Résolution 1

Fir d'éischt d'Resolutioun, déi vun der Madamm Lorsché deposéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Resolutioun ergräifen? Den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Här President, villmools merci. Mir hunn eis dat dann ugekuckt. Wéi gesot, ech wëll nach eng Kéier ganz kloer soen, datt een awer muss regrettéieren - wann een hei iwwert déi demokratesch Kultur an dësem héijen Haus schwätzt -, datt hei vu vireran eng Partei déi Resolutioun net gewise krut. Well mir kënnen déi matdroen! Ech wëll dat ganz kloer soen. Et ass also schonn en Akt vu politescher Willkür gewiescht fir ze soen: „Déi do Partei, déi wäert dat hei warscheinlech net matdroen“, oder: „Mir wëllen net, datt déi Partei dat iwwerhaapt ka matdroen oder beurteelen.“ Esou fonctionéiert d'ADR op jidde Fall net!

Mir hunn och mat anere Parteien, och wa mer enger anerer Meenung sinn, awer ëmmer deen demokratesche Reflex, fir mateneen ze schwätzen. déi gréng hunn dat hei net gemaach an dat ass bedauerlech!

Wat den Inhalt ugeet, jo, mir hu kee Problem. Ech wëllt awer zwou Bemierkunge maachen: Dat Éischt ass d'Gëlle Fra. Haut ass vill driwwer geschwat ginn. An ech sinn immens frou, ech muss lech dat wierklech soen, och als alen Zaldot; et huet virdrun nach en Här op meng Erfahrungen ugespillt, déi ech am Déngscht vum Land gemaach hunn - am Déngscht vum Land, net géint d'Land, mee am Déngscht vu mengem Land!

#### (Interruption par M. Fred Keup)

Ech sinn immens frou, datt dowéinst d'Gëlle Fra esou e Stellwäert krut. Ech wëll awer och deenen, déi haut domadder kommen, soen, datt mer och Zäiten haten, wou eng vun de politesche Parteien heibannen d'Gëlle Fra demontéiert huet, fir se op Shanghai ze bréngen, fir do als kommerziellt Exponat ze déngen.

■ **Plusieurs voix.**- O!

#### (Brouhaha)

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech hätt léiwer gehat, si hätt ni d'Land verlooss a si wär ëmmer als dat respektéiert ginn, wat se ass: en nationaalt Monument, an net eppes, wat een an d'Ausland féiert, fir et do ze weisen.

#### (Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Kartheiser, dat gehéiert net zur Resolutioun, dat do!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- An dat Zweet, ...

#### (Interruptions et brouhaha)

Dat Zweet, wat ech wëll soen, ass an deenen Tireten, déi mer dann zum Schluss hunn, wou mir eis engagéieren „à promouvoir la liberté d'expression“. Mir hunn haut vill iwwert d'Press geschwat. Ech hu virdu gewise kritt, wësst Der, datt d'„Tageblatt“ publizéiert huet, d'ADR hätt haut d'Gewalt als eenzeg Partei net verurteelt. Ech hu virun lech alleguer am Numm vu menger Partei de Mëtte gesot, datt mer et verurteelen! Jo, mir sti fir d'Liberté d'expression. Mee nach eemol: Ass et dann net selbstverständlech, datt eis Press - an ech soen derbäi: och nach eis subventionéiert Press, déi mer alleguer matbezuelen -, wär et dann net normal, datt weinstens déi Artikelen aus der Chamber dat erëmginn, wat hei gesot gëtt? Jo, d'ADR verurteelt d'Gewalt. A mir hätte gär, datt dat dann och an der Press esou eriiwwerkënt, wéi mir et hei gesot hunn. Dat ass Éierlechkeet. Esou gehéiert et sech!

Dat gesot, Här President, wäerte mir dësen Text matstëmmen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. Da freet nach den Här Sven Clement d'Wuert an duerno den Här Gilles Baum.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Datt ech d'Resolutioun wäert matstëmmen an datt och de Marc Goergen se wäert matstëmmen, hu mer duerch eis Énnerschrëft scho kloergemaach.

Ech wollt awer dem Här Kartheiser op eppes äntwerten: Wann ee sech dann iwwert d'Press opreegt, da sollt een awer och esou éierlech sinn an direkt zouginn, datt d'Press dat scho verbessert huet. Dat heescht, datt et guer net méi esou ass, datt dat do steet, an datt se souguer, en toute transparence, eng Foussnott derbäigeschriwwen hunn, wou se gesot hunn, datt se sech geiert hätten an datt se dat dowéinst verbessert hätten. Et soll een also hei net op d'Press klappen, andeem ee seet ..., oder esou mécht, wéi wann dat eebe grad net verbessert géif, an da fuerderen, datt dat an Zukunft besser soll goen. Ech mengen, ouni de genaue Grond ze ken-

nen, datt hei e mënschleche Feeler geschitt ass an datt dee rectificéiert gouf dee Moment, wou se et woussten.

Ech perséinlech hu grousst Vertrauen an eis fräi Press, och wa se eis heiansdo duerch de Kakao zitt.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement. Dann hat nach den Här Gilles Baum d'Wuert gefrot.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Merci, Här President. Just fir ze soen, dass ech bei menger Interventioun vergiess hat, d'Resolutioun ofzeginn. Dofir huet d'Madamm Lorsché et gemaach. A wann effektiv net bei der ADR gefrot ginn ass fir ze ënnerschreiwén, dann ass dat mäi Feeler an net dee vun der Madamm Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Baum.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... ech erlabe mer nach eng Kéier, d'Wuert ze huelen, fir dem Här Baum dofir Merci ze soen. Also da sinn ech jo awer ganz frou, datt dee Reflex hei an der Chamber nach fonctionéiert an datt mer dann alleguer këne matenee schwätzen.

Wat den Här Clement ugeet, ech si frou fir ze héieren, datt dat korrigéiert ginn ass. Ech wousst dat bis elo net, mee ech si ganz frou, datt dat esou ass. An ech mengen, dann ass dee Problem och geléist.

Merci, Här Baum, nach eng Kéier, fir Äre Reflex.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. Ech mengen, da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwert dës Resolutioun kommen ... D'Madamm Nathalie Oberweis huet nach d'Wuert gefrot.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Merci, Här President. Mir wollt just soen: Mir droen dës Resolutioun natierlech mat. Mir fannen awer, mir wëilten dat just gäre kloerstellen, dass se eigentlech net ganz wäit geet. Mir hate jo viru Kuerzem hei an der Chamber eng Debatt iwwert den Hatespeech, wat jo u sech och deen heite Beräich ass, a mir vermessen eigentlech dee Volet Preventioun hei dran. Mir fannen, dass dat hei e bëssen eng symbolesch Aktioun ass, déi mer natierlech matdroen, mee dass mer am Endeffekt awer net immens wäit domadder ginn. Mee bon, mir hoffen, dass dat da vläicht zu engem spéideren Zäitpunkt kënn, dass mer dann op deen Terrain kënnen goen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Oberweis. Den Här Mars Di Bartolomeo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Merci, Här President. Ech wollt just soen, dass ech et ganz gutt fannen, dass eis Fräiheitsstatu a China gewise ginn ass. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Di Bartolomeo.

#### (Brouhaha)

Da kënnen mer elo zum Vott iwwert dës Resolutioun kommen.

#### Vote sur la résolution 1

Wie mat dëser Resolutioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Resolutioun ass also eestëmmeg ugehall.

#### Motion 1

Da komme mer zur Motioun Nummer 1. Wëllt nach eent d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här François Bausch.

■ **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre.**- Jo, Merci, Här President. Ech hu mer erlaabt, der Justizministesch, déi jo aus gesondheetleche Grënn net kann hei sinn, unzeruffen, well ech awer wollt, datt den Här Mosar a seng Fraktioun eng uerdentlech Äntwert par rapport zu deem, wat hei verlaangt gëtt, kréien. An d'Justizministesch huet mer matgedeelt, datt si jo ganz gutt hir Positioun géife kennen, wann et drëms geet, d'Infractionen am Code pénal ze verschäerfen an datt si ni e Problem huet, doriwwer ze schwätzen, mee net derfir ass, fir aus der Héft ze schëissen elo an op Basis vun engem Fait dann direkt ze soen: „Zack, elo gëtt dat gemaach.“

Bon, et ass jo och net esou an Ärer Motioun formuliert, an duerfir, d'Madamm Tanson ass gär bereet, wat deen éischten Tiret ubelaangt - deen zweete betrëfft si jo net, datt sinn éischter déi sanitär Geschichten, dat ass éischter d'Madamm Lenert, déi betraff ass -, deen éischten Tiret: „pour les initiateurs de manifestations non autorisées“, fir do d'pénal Strofen ze verschäerfen, do ass si gär bereet, dat an der Kommissioun eng Kéier allgemeng ze diskutéieren. Si seet awer och, datt dat natierlech net esou einfach ass an datt ee sech dat muss gutt iwwerleeën, a wéi eng Richtung een do wëllt goen.

Voilà! Ech wollt dat just matdeelen. Duerfir wär et och eigentlech éischter de Wonsch, fir elo net eppes hei ofzestëmmen an éischter an der Kommissioun eng roueg Diskussioun ze féieren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Bausch. Dann huet nach den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo, Merci, Här President. Also zum éischten Invite: Ech mengen, wien nach net Satisfaktioun krut mat enger Kommissiounssëtzung de Moien an den Erklärungen, déi mer elo grad an der Chamber kruten, da weess ech net, wat mer nach eng Kéier u Satisfaktioun sollte kréien, wa mer dat dote stëmmen. Ech mengen, datt dat dote stattfanne wäert, an ech gi ganz staark dovun aus, well soss ass d'politesch Responsabilitéit vum Policeminister engagéiert. An ech mengen net, datt en dat esou wäit wëllt komme loosse. Deementspriedend hunn ech vollst Vertrauen, datt dat geschitt.

#### (Interruption)

Zu deem zweeten Tiret, driwwer nozedenken, eventuell d'Strofen ze verschäerfen, wann et zu net ugemellten Demonstratiounen kënn: Dat fannen ech immens problematesch! Ech fannen dat immens problematesch, well ech der Meenung sinn, datt mer u sech Dispositiffen hunn, déi mer just mussen uwenden, an datt mer an deem heite Fall lo eemoleg eng Situatioun haten, wou eng net ugemellt Demonstratioun aus dem Rudder gelaf ass. Mir hunn awer reegelméisseg net ugemellt Demonstratiounen, wou sech dann herno fënnef oder zéng Leit iergendwou rassembleieren, e Schëld héichhalen a wou net emol iergendee matkritt, datt et eng Demonstratioun war, ausser deenen, déi d'Foto dovunner maachen.

Dofir, déi dann awer elo méi streng ze bestrofen, fannen ech e bëssen d'Kand mat der Buedbiden zur Fënster erausgepucht. Mir géifen op alle Fall hei dergéint stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement. Da ginn ech d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Motioun, den Här Mosar.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, Merci, Här President. Ech wollt och nach eng Kéier awer op déi Motioun agoen, well ech d'Gefill hunn, datt déi vläicht net iwwerall richteg verstane ginn ass. Ech soen awer direkt, datt mir d'accord sinn, datt se an enger Kommissioun eng Kéier diskutéiert gëtt. Et ass och e bësse schued, datt mer de Mëtten net d'Zäit haten, fir deen dote Volet eng Kéier ze kucken.

Och aner Kolleeginnen a Kolleegen hate jo an de leschten Deeg Gespréicher um Parquet, wou se leider soen, mat deem Arsenal législatif, deen am Moment do wär, wär et relativ schwéier, fir net ze soe komplett onméiglech, fir och géint gewësse Leit virzegoen. An ech kann lech just soen, am Ausland - ech soen dat och dem Här Bausch, da kënn Der dat mat der Madamm Tanson beschwätzen -, an anere Länner, Kanada, Däitschland, do sinn d'Mesuré wierklech verschäerft ginn, notamment wat d'Organisateure vu Manifestatiounen ugeet, wou et wierklech zu Krawall kënn.

Dir wësst, zum Beispill a Frankräich gëtt et do eng weesentlech méi staark Legislatioun. Mir sinn elo net déi, déi brëllen: „Et muss alles muer méi streng ginn“, mee mir mengen awer zumindest, datt een och déi Soucie vum Parquet sollt eescht huelen an och eng Kéier zesumme mat hinne sollt kucken, ob dat néideg ass.

Ech wëll och nach dem Här Clement soen: Et geet hei jo net nëmmen ëm d'Initiateure vu Manifestatiounen, et geet och ëm déi, déi d'Mesure-sanitaires net respektéieren! Dat ass en zweete Volet. Ech weess, dat huet elo net direkt eppes mam Här Bausch ze dinn, och net onbedéngt mat der Madamm Tanson, quitte datt d'Madamm Tanson jo awer fir de Code pénal zoustänneg ass.

Ëm wat geet et eis? Et geet wierklech drëm, datt mer eng Kéier solle kucken, zesumme mam Parquet, ob déi aktuell Dispositiounen, déi mer hunn, wierklech duergi géint Leit, déi sech hei souguer u Krawall bedeelegen, sech einfach iwwert d'Covid-mesuren ewechsetzen, ob een eventuell do den Arsenal législatif misst verstärken oder net.

Dofir si mer och d'accord, datt een dat eng Kéier an aller Rou an der zoustänneger Kommissioun diskutéiert. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Mosar. Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zrëck un den Här François Bausch.

■ **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre.**- Jo, ech mengen, mir mussen awer oppassen, bei allem Verständnis, wat ee kann dofir hunn, och au vu vun deem, wat passéiert ass, datt een dat do elo wëllt diskutéieren an och vläicht muss diskutéieren, datt mer hei awer iwwer e Grondrecht schwätzen, nämlech d'Grondrecht, fir kënnen ze manifestéieren. An dat, wat den Här Clement gesot huet, dat deelen ech. Awer ech mengen, do muss ee ganz virsiichteg sinn, wann een do drugeet mat de penale Strofen.

An dat ass och d'Suerg vun der Madamm Tanson. Ech mengen, dat huet si och ëmmer bis elo esou vertratt. Ech kenne si jo gutt genuch.

Duerfir solle mer dat a Rou diskutéieren, mee oppassen, datt mer net weinst e puer Krawallmécher hei awer allgemeng Rechter op eemol ufänken, a Fro ze stellen oder Strofen drop ze ginn. Well wa mer Strofe bis dropleeën, dann hu mer och Drock gemaach. Dat dierfe mer net vergiessen. Wat d'pénal Strofe méi héich ginn, wat dat natierlech och eng ganz aner Atmosphär schaaft an esou weider an esou virun.

Duerfir, et ass ganz komplex. Mee wéi gesot, d'Madamm Tanson ass gär bereet, an der Kommissioun dat eng Kéier a Rou ze diskutéieren, an da solle mer dat och do maachen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Bausch.

#### Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission

Ech froen dann, wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen. Dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder soll dann déi do Thematik an der Kommissioun diskutéiert ginn.

*(La motion 1 de M. Laurent Mosar est renvoyée à la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense et à la Commission de la Justice.)*

## 6. Question élargie n° 110 de M. Laurent Mosar au sujet de la lutte contre l'immigration irrégulière

Mir kommen elo zur erweiterter Fro Nummer 110 vum Här Laurent Mosar iwwert de Kampf géint déi illegal Migratioun. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President. Merci och, datt déi Fro endlech, muss ech scho bal soen, haut op den Ordre du jour vun der Chamber komm ass. Ech hat déi Fro schonn den 1. Juli gestallt. Duerfir ass d'Aktualitéit vläicht elo net méi déi allergréisst. Et ass awer net mäi Feeler, wëll ech soen, wa se net éischter op den Ordre du jour komm ass.

Déi Fro geet eigentlech zrëck op eng Note interministérielle, déi den 2. Mäerz 2021 och un déi zoustänneg Membere vun de Kommissiounen geschéckt ginn ass, an dat am generelle Kontext vun de Problemer, am Kontext och vun der Drogekriminalitéit op der Gare.

An do muss ech einfach soen, wann een dee ganze Rapport do liest, ass dat en eenzegen Hëlleschrei vun der Direktioun vun der Immigratioun, déi do op eng ganz Rei vu Froen opmierksam mécht, och op Problemer opmierksam mécht, déi se huet. An ech muss och soen: Et ass e bëssen elo e gelungenen Exercice, datt ech hei den Immigrationminister eigentlech mat engem Pabeier konfrontéieren, dee seng eegen Administratioun matgeschriwwen huet a wou déi eng ganz Rei vu Problemer opwerft. Ech huele jo och un, datt den Här Ausseminister an Immigrationminister och iwwert déi Problemer au courant ass, well déi och derzou féieren, datt de Kampf géint d'Drogekriminalitéit op der Gare net onbedéngt einfach ass. An ech mengen, all déi Leit, déi sech e bëssen derfir interesséieren, wëssen och, mat wat fir enge Schwieriegkeeten datt mer do geplot sinn.

#### (M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Ech wëll elo net, Här Immigrationminister, lech dee ganze Rapport do virlesen, deen ass komplex. Do ginn och ganz vill Froen opgeworf. Ech ginn och dervun aus, datt Der wësst, wat eigentlech allegueren déi Schwieriegkeete sinn. Ech wollt elo just nach eng Kéier déi Hauptpunkte vläicht kuerz hei resuméieren. An ech wär da frou, wann Der och op déi Froen do kéint äntweren.

Ech mengen, wann een iwwer illegal Immigratioun schwätzt, da gëtt et do eng ganz Rei vun einzelne Situatiounen. An et muss een natierlech dann och ëmmer par rapport zu deenen einzelne Situatiounen rasonéieren. De grouesse Problem schéngt mir ze sinn, an dat ass jo och dat, wat am Moment vill op der Gare diskutéiert gëtt, datt do eng Rei vun Täter oder vu potenziellen Täter a sech am Besëtz si vun enger Autorisation de séjour an engem vun de Schenge-Länner respektiv datt se eng Dublin-Autorisatioun hunn a mat där och kënnen drai Méint hei zu Lëtzebuerg sech ophalen an datt do natierlech d'Schwieriegkeet ass, wéi een déi dann eventuell do forttritt.

Net méi spëit wéi de leschte Mëttwoch war den Här Reiter an där Informationsversammlung op der Gare, wou deen och nach erëm eng Kéier op déi Problemer do opmierksam gemaach huet. Ech wëll, an dat ass, wéi gesot, meng éischt Fro, awer elo





mol vun lech wëssen: Wéi gi mer do konkreet vir mat Leit, déi effektiv en Droit de séjour an engem aneren État membre hunn, déi hei op Lëtzebuerg kommen, hei kriminell Dote beginn, déi mer awer iergendwéi wëlle sanktionéieren?

Déi zweet Kategorie, dat sinn déi, déi sous contrôle judiciaire sinn. Och dat stellt eng ganz Rei vu Problemer, wou och d'Immigratioun seet, datt se do net méi richtig weess, wéi et viruegt.

An dann déi drëtt, an dat ass warscheinlech déi, déi am meeschte Schwieregkeete mécht, dat sinn déi, wou all Identifikatioun onméiglech ass. Dat heescht, déi hunn natierlech hir Carte d'identité, hire Pass net méi derbäi. An da geet et drëm: Wéi kritt een déi Leit fir d'éischt identifizéiert? A wann ee se net identifizéiert kritt, wéi schaffen do d'Konsule vun deene Pays tiers mat? A wann ech dat liesen, wat do an deem Rapport steet, schéngt dat äusserst problematesch ze sinn, well déi Konsulen iwwerhaupt net matschaffen. Duerfir natierlech och meng Fro: Wat gedenkt d'Regierung do ze maachen, datt mer awer iergendwéi do virukommen?

An eng véiert Fro, déi huet dann haaptsächlech mat deene ganzen Accord-de-réadmissionen ze dinn, notamment am Kader vum Benelux, och par rapport zu Drëttlänner. Dat ass eng Fro, déi mer scho méi oft diskutéiert hunn. Ech wär frou, wann den Immigratiounsminister eis vläicht och de Mëtten e bësse kéint soen: Wou si mer do dru mat deenen Accord-de-réadmissionen? Wa mer net richtig virukommen, et ass jo ëmmer gesot ginn, et misst een dat fir d'éischt um Niveau vun der Europäescher Unioun klären an dann eréischt duerno fir de Benelux, mee wa weeder um Niveau vun der EU dat viruegt nach um Niveau vum Benelux - wat sécherlech net gutt ass, do si mer d'accord -, misst een dann net awer vläicht och versichen, iwwer e bilaterale Wee déi Leit do heemzekeréien? Well mir kënne jo net einfach do nëmmen d'Hänn an de Schouss leeën a guer näischt maachen.

Wéi gesot, dat sinn elo mol déi weesentlech Froen, déi ech de Mëtte wollt dem Här Immigrationsminister stellen. An ech wär frou, dorobber eng Äntwert ze kréien. Ech soe Merci am Viraus.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An d'Wuert huet elo direkt den Ausseminister, de Jean Asselborn. Här Asselborn, wannech gelift.

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Merci, Här President. Merci, Här Mosar, fir déi Fro. Wann Der wëllt, da géif ech emol ufänke fir d'éischt mat deem Techneschen, wat Der zum Schluss gesot hutt. Dir hutt lech vläicht net richtig do ausgedréckt, mee et geet jo drëm, dass Leit, déi illegal hei um Territoire sinn, müssen zrëckgeschéckt ginn.

Bon. Do gëtt et fir d'éischt emol en Accord de réadmission. A wann en Accord de réadmission do ass, da kënnt de Protocole d'application. Mee den Accord de réadmission ass awer scho valabel, fir kënnen natierlech dorobber ze schaffen. An de Protocole d'application, dee kann immens laang duerno kommen. Mir hunn de Fall, fir lech e Beispill ze ginn, bei der Ukrain: Do ass en Accord de réadmission do, et huet awer eelef Joer gedauert, bis den Protocole d'application do war. Mee et geet, wa gudde Wëllen do ass. Am internationale Recht ass et esou, dass all Land muss seng Kompatrioten heemhuelen. Et gëtt och esou applizéiert.

Mee Dir kennt de Problem gradso gutt wéi ech, mir hu schonn e puermol, oder schonn dacks driwwer geschwat - 17 Joer fir mech -: Et gëtt Länner, déi sech do absolutt zéien. An déi Länner, déi sech am meeschten do zéien, sinn d'Algerie, de Maroc an Tunesien. Dat ass esou. Dat bleift esou. An do muss ee kucken, wéi een do derduerchkënn.

Vläicht elo deen zweete Prinzip, wat Der gesot hutt, dat ass mat de Verhandlungen. Also mir hunn de Moment um Niveau vun der Europäescher Unioun 17 Accords de réadmission, déi bestinn. Mat 17 Länner besteet et. Ech kann lech och eng Lëscht eng kéier ginn, wat fir Länner dat sinn. Véier Länner, an net déi mannst, do si mer als Europäesch Unioun amgaangen dorun ze schaffen. Dat sinn: China, Marokko, Tunesien a Nigeria. Sou. An da gëtt et Algerien, wou och soll en Accord ausgehandelt ginn, mee déi Negociatiounen hunn nach guer net ugefaangen.

Also dat heescht, dat ass um Niveau vun der EU. An et ass dann um Niveau vum Benelux, wou mer 19 Accorden ofgeschloss hunn, a mat zéng Länner si mer amgaangen ze schwätzen doriwwer.

Et ass esou, dass Lëtzebuerg, zënter dass et Lëtzebuerg gëtt, den Ausseministère gëtt, nach ni selwer en Accord de réadmission gemaach huet. Dat ass praktesch och onméiglech. Mir maache se entweder mat der Europäescher Unioun - a wann d'Europäesch Unioun vun der Kommissioun d'Mandat kritt huet, dann därerf net bilateral negociéiert ginn - oder mir maache se um Niveau vum Benelux. An do ass ëmmer ee Land da vum Benelux, dat federführend ass.

Also ech mengen, de Problem, dee besteet, dat ass, dass ee verschidde Länner huet. Dir hutt net nëmme Lëtzebuerg, Dir hutt och all anert Land vun der Europäescher Unioun. A virun allem mat de Maghreb-Länner ass et schwéier. A wéi gi mer da vir? Och wa keen Accord do ass, geet et awer heiansdo. Et geet heiansdo esou, dass de Minister muss selwer mat deem Minister aus deem Land schwätzen; wat ech och scho gemaach hunn, an dann ass et gerëtscht.

Mee virun allem sinn et dann eis Leit aus der Immigratioun, déi dann ofhängeg si vum Konsul respektiv vum Ambassadeur, ob deen zougänglech ass fir ze hëllefen oder net ze hëllefen. Also dat ass mat de Länner aus dem Maghreb eppes extreem Schwiereges. An dat seet och all Land lech aus der Europäescher Unioun. An ech mengen, dass et schlecht ass, wann d'Länner aus der Europäescher Unioun op de bilaterale Wee ginn, well et huet ee jo awer och duerch all déi Relatiounen, déi d'Europäesch Unioun mat deene Länner huet, vill méi politesch Force, fir do weiderzecommen. Also dat - ech mengen, Dir hutt mech verstanen - ass an dat bleift extreem schwiereg.

Wat Der elo gesot hutt vläicht vun der Gare, ee Wuert dozou vu mir. Also mir müssen oppassen, Här Mosar, an ech leeën lech dat och net ..., et kann net sinn, wann e Mënsch illegal am Land ass, dass deen direkt kriminaliséiert gëtt oder dass gesot gëtt hei ... Dorëms geet et jo net. Et geet drëm, dass mer ... An Dir wäert gesinn, vläicht an e puer Wochen hu mer e Projet de loi hei, dee mer jo ausgeschafft hunn. Ech mengen, de 26. November hu mer deen an der Regierung ugeholl, an deen ass elo beim Conseil d'État an da kënnt en an d'Chamber, wou Kloeerheet gemaach gëtt, wat den Eloignement ugeet.

Mir haten an der Jurisprudenz, mir haten op de Geriichter e kleng Flou, ob zum Beispill den Eloignement zielt bei den Dublin-Fäll. An dat hu mer elo kloergemaach, dass, wa Mënschen, ech soen et nach eng kéier, net well se illegal um Territoire sinn, mee wa se illegal um Territoire sinn a penal, also wa se en Delit oder e Crime hei maachen an deen ass festgestallt, dass een dann och d'Méiglechkeet huet, och wann et Dublin-Fäll sinn an och eebe Leit, déi ... Mir wëssen dat, op der Gare komme Leit aus Frankräich zum Beispill, déi d'Autorisatioun hu fir a Frankräich, déi do eng Demande fir Protection internationale gestallt hunn, déi an den Zuch klammen an hei op Lëtzebuerg kommen an hei dat knaschtegt Geschäft maachen, nämlech hei Droge verkaufen.

Ech soen awer direkt: Et sinn net déi Leit, déi mir an der Prozedur hunn, fir de Statut vum Asyl ze kréien, déi dat dote maachen! An ech mengen, dat ass wichteg. Dat ass jo och an där Versammlung déi lescht Woch - oder wéini war et? - op der Gare, wou ech jo net konnt do sinn, awer och kloer gesot ginn, dass et net déi Leit sinn, déi bei eis an der Prozedur sinn, déi hei am Geschäft vun den Drogen implizéiert sinn. Mee et sinn eebe Leit, déi iwwert d'Grenz kommen, wéi ech gesot hunn. Et kënne Leit sinn, déi an den Zuch klammen an déi eigentlech net dierften, déi a Frankräich an enger Prozedur sinn oder an engem anere Land an enger Prozedur sinn. An da gëtt et Leit, deenen hiert Geschäft dat ass an déi heihinnerkommen an dann hei vill Sue verdéngen.

Also mir wësse jo och - an dat kënnt ëmmer erëm op, Här Mosar, mir zwee wëssen dat -: De Centre de rétention, dat ass kee Prisong bis an och kee Prisong light. Also an de Centre de rétention kommen déi Leit, déi effektiv müssen den Territoire verlossen - an! - wou mer och müssen eng gewësse Garantie hunn, dass se och zrëckgeholl ginn. Mir hunn, fir lech just eng Zuel ze ginn - ben, ech mengen, dat spillt hei elo keng ganz grouss Roll -, mee et sinn ongeféier de Moment eng 1.000 Leit, déi an engem Joer am Centre de rétention passéieren.

Mir hunn duerch de Covid grouss Schwieregkeete gehat, well mer net konnten dee ganze Centre oploossen. En huet musse kompartmentéiert ginn. An d'Regierung ass um Punkt och, fir zwou weider Strukturen ze bauen, soudass mer eigentlech méi Plaz dann do hunn. Mee denkt nach eng kéier drun, och mäi Ministère, also eis Leit sur place, och d'Police des étrangers kënnen nëmme Leit an de Centre de rétention setzen, wann effektiv och déi zwou Konditiounen, déi ech elo gesot hunn, virleien.

Bon, mir maachen eist Beschit doranner. Mee, wannech gelift, an ech mengen, dat mécht jo keen heibannen, loosse mer net den Amalgam maachen, dass Leit, déi hei Asyl froen, dass dat déi sinn, déi op der Gare Droge verkaufen. Dat sinn net déi. Dat sinn anerer!

(*Interruption*)

Jo?

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci, Här Ausseminister. Den Här Mosar kann nach eng kéier nohaken.

**M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, ech mengen, Här Minister, dat huet och kee behaupt. Ech hu mech, wëll

ech och nach eng kéier soen, hei op eng Nott beruff, déi vun Ären eegene Leit verfaasst ginn ass, déi do en Hëllefeschrei hei maachen. Dee kënnt emol net vu mir. Ech rapportéieren dee virun un lech.

Ech wollt awer nach eng kéier op zwee Punkte kuerz zrëckkommen. Op deen een hutt Der mer nach net geäntwert, dat sinn déi sougenannt Dublin-Leit, déi dann iergendwou an engem Drëttland do eng Openhaltgeneemegung hunn, an déi kënne jo dann och ... A wa se zrëckginn ass do natierlech ëmmer de Problem: Wéi kritt ee se an déi aner europäesch Staaten? Dat schéngt och problematesch ze sinn, wann ech de Mataarbechter vun Ärem Ministère do ka gleewen. Dat wär nach déi Zousazfro.

An dann awer och nach iwwert déi Accords de réadmission: Nach eng kéier, mir plädéieren net derfir, datt ee soll elo déi multilateral Instrumenter opginn. Nach muss een awer wëssen, wann déi guer net méi fonctionéieren, wa mer guer net do virukommen, muss een awer wëssen: Wéi kënnt ee virun? An do nach eng kéier déi Fro - Dir sot dat elo säit 17 Joer, a vill soen der dat -: „Et sinn ëmmer déi selwecht Länner, wou mer net virukommen“, da misst ee jo awer vläicht ...

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- An net eleng e Lëtzeburger seet dat.

■ **M. Laurent Mosar** (CSV).- Nee. Nee. Voilà! ... da misst awer och um Niveau vun der Unioun vläicht eng kéier gekuckt ginn, wéi een do reagéiert, well dat ka jo awer och iergendwéi net sinn!

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Jo. Also, Här Mosar, fir op déi lescht Fro, nach eng kéier: Mir probéieren - a wann ech do hëllef kann, da maachen ech dat och heiansdo, dacks heiansdo -, dass mer den Telefon huelen an iwwert d'Ambassade vun deene Länner, vun de Maghreb-Länner virun allem, probéieren ze soen: „Hei, do ass awer elo e Mënsch, deen hei wierklech condemnéiert ass, deen net nëmmen illegal hei am Land ass, mee och deen een oder ... Huelte dee wannech gelift zrëck!“

Dat hänkt heiansdo drun, dass mer musse vun der Ambassade, déi zoustänneg ass, gegleeft kréien. Do gëtt et Ambassaden, déi zum Beispill, wann et afrikanesch Länner sinn, den Dialekt da versichen erauszefanne fir ze kucken, wa keng Pabeieren do sinn, ob dat passt, wat gesot gëtt. Dat ass eng immens schwiereg Prozedur heiansdo. An och wa mer keen Accord de réadmission hunn, maache mir awer eist Beschit, wéi déi aner Länner an Europa och, fir dass mer awer - wann et muss sinn, eebe mat allen diplomatesche Mëttelen, déi mer dann zur Verfügung hunn - versichen, um gudde Wee do eppes fäerdegzebréngen.

Ech soen lech carrement: Et gëtt och Länner, mat deenen hu mer en Accord de réadmission an der Europäescher Unioun, mee do geet et och net virun! An duerfir, dat ass eng schwierig Situatioun, wou mer heiansdo au cas par cas musse versichen, duerch de Bësch ze kommen.

Dat Zweet, wat Der gefrot hutt, vun ... Ech weess net richtig, wat Der do mengt, mat den Dublin-Fäll.

(*Interruption par M. Laurent Mosar*)

Jo, also wann e Mënsch op Lëtzebuerg kënnt, fir dat nach eng kéier ze soen, an en ass schonn an engem anere Land an der Prozedur oder en huet säi Statut kritt an engem anere Land, dann ass et en Dublin-Fall. Da kann en hei bleiwen, seng Demande stellen, dat gëtt awer ganz séier a festgestallt an da muss en an dat Land zrëckgoen, wou en dann do hierkomm ass. Allerdéngs, sou wéi och bei de Readmissiounen en général, kënne mer nëmmen e Mënsch zrëckféieren an dat Land, wann dat Land och d'accord ass, fir en opzehuelen. Dat geet eis esou an et geet der Europäescher Unioun esou! Et waren dacks Fligere, déi ware prett fir an de Bangladesch a se sinn ni fortokomm, well keen Accord fir ze landen do ass. An esou ass et och hei an der Dublin-Geschicht. Och do muss dat Land, dat zoustänneg ass um Niveau Dublin, d'accord sinn, dass se iwwerholl ginn.

Do gesitt Der, et ass also eng duebel Konditioun, déi gestallt ass. Et hänkt net nëmme vun dem gudde Wëllen heiansdo of, mee et hänkt dovunner of, jo, wéi déi Zesummenaarbecht tëscht den europäesche Länner, ech soen et nach eng kéier, tëscht den europäesche Länner a Saachen Dublin iwwerhaupt funktionéiert. An déi funktionéiert och net ganz gutt heiansdo.

Voilà!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci, Här Ausseminister. Domat ass dës Question élargie evakuéiert.

## 7. Motion de Mme Nathalie Oberweis relative à la mise en place d'un mécanisme spécifique d'aides financières en faveur de certaines associations sans but lucratif

(*Motion déposée en séance publique n° 60 du 10 juin 2021 - à consulter au compte rendu n° 26/2020-2021 en page 887*)

A mir géifen dann elo zu der Motioun kommen, déi vun der Madame Nathalie Oberweis abruecht ginn ass, betreffend de Bähëllefesystem zugonschte vu verschiddenen Associatiounen ouni Gewënnzweck, dat weinst der Covidkris. An d'Wuert huet d'Madame Myriam Cecchetti.

*Exposé*

■ **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk).- Här President, nodeems eis Motioun an d'Familljekommissioun verwise gouf mam Resultat, datt näischt geschitt ass - respektiv et si keng kloer Konklusioun geholl ginn -, wëlle mir se nees hei an der Chamber diskutéieren.

Dës Demande d'aide wär fir all Associatioun, déi Frais-fixen huet, wéi Loyer mat all de Chargen, déi nach derbäikommen, a Paie vun de Salariéen oder extern Prestatiounen, awer net konventionéiert ass an och net quasiprofessionell funktionéiert an do-duerjer och net vun den Hëllef, déi gefloss sinn, konnt profitéieren, wéi a Sport, Tourismus a Kultur.

Fir 85 % vun de Memberorganisatiounen vum CLAE steet d'Iwwerliewen um Spill. A bei 65 % erwaarde si sech eng finanziell Hëllef vusaite vum Staat. De Problem vun dësen Associatiounen ass, datt si sech jo net konnten autofinanzéieren, well dee ganze Betrib jo am Lockdown war. Dofir konnt och keen, weeder d'Associatiounen nach d'Regierung. Et ass awer ganz wichtig ze wëssen, dass an deenen Associatiounen Citoyenen agéieren a keng Professioneller. Leider gesi mir, datt hei och keng Politik bedriwwen gëtt, fir dës Citoyenen ze encouragéieren, ze ënnerstëtzen. D'Citoyennetéit gëtt hei am Land mol net ugeduecht. De Premier hat zu engem Moment, wou et ëm de Pré-projet de loi vun den ASBLe gaangen ass, dës Associatiounen an den Eck vun der Charité gesat, an all déi aner wäre Business.

Erlaabt mer, hei e ganz klengen Historique ze maachen, wéi et iwwerhaupt zu dëser Motioun komm ass a wéi et weidergaangen ass. De CLAE, deen eng Plateforme citoyenne ass, an där net nëmmen Associatiounen sinn, déi mat Immigratioun ze dinn hunn, mee do geet et queesch duerch de Gaart, huet am Mee 2020 eng Onlineenquête bei den associatiiven Acteure gemaach fir ze wëssen, wéi et ëm si steet a wéi et hinnen an der Covidkris mam Lockdown ergaangen ass. 125 Associatiounen hunn doropshi geäntwert. Doropshin huet de CLAE de 26. Mee e Bréif un de Premierminister an un d'Familljeministesch an un all Groupe parlementaire geschriwwen. Zäitgläich huet en och e Pressecommuniqué erausginn.

Den 29. Juni 2020 huet den honorabelen Deputyte Paul Galles eng Question parlementaire zum Sujet gestallt. Well d'Bréiwer ouni Äntwert bliwwen sinn, huet de CLAE mam Cercle de coopération au développement an der Agence du bénévolat den 13. Juli 2020 eng Pressekonferenz ofgehalen, wou fir si och e Pressedossier ausgeschafft haten. Well nach ëmmer näischt sech gedoen huet, hu si déi ganz Aktioun dann erëm lancéiert, an zwar bal ee Joer duerno, de 25. Mee 2021, mat nees engem Pressecommuniqué, engem Courrier op den 1. Juni 2021 un d'Ministère Bettel, Cahen, Delles, Fayot, un all d'Parteien wéi och d'Syndikater OGB-L, LCGB, Syvicol a Chambre des Salariés. Doropshin hu mir als déi Lénk den 10. Juni 2021 dës Motioun an der Chamber agereecht, déi dann den 18. Juni un d'Familljeministesch verwise gouf.

Zwëschenzäitlech, am Juli 2021, huet d'Familljeministesch dem CLAE e Bréif zoukomme gelooss, datt just zwou Associatiounen sech gemellt hätten, fir Hëllef ze kréien. Et wär also kee Besoin do.

De 14. September 2021 an der Kommissiounssitzung ass dat dann och esou gesot ginn. Et war keng Bereetschaft do, iwwert dee Regëster un all Associatiounen e Courrier ze maachen, datt si sech sollte mellen, falls se verschiddene Krittäre géifen

## Le saviez-vous ?

### DÉPÔT

Le dépôt est l'acte par lequel la Chambre des Députés est officiellement saisie d'un projet de loi ou d'une proposition de loi.





entsprechen, fir dann déi finanziell Hëllef unze-froen.

De CLAE huet am September 2021 dunn eng zweet Enquête lancéiert. Dës ass vu 55 Associatiounen beäntwert ginn. Aus dëser Enquête geet ganz kloer ervir, datt d'Associatiounen finanziell Schwieeregkeeten hunn, esouwuel am Autofinanzement wéi och duerch de Sponsoring, dee quasi ausgefall ass.

Et ass awer ganz schued, datt de Ministère kee Gest gemaach huet an datt och keng Renconter zwëschent der Ministesch an dem CLAE stattfonnt huet, ausser ech wär net um leschte Stand.

Fir d'Entreprises an Lëtzebuerg goufen Honnerte Milliounen Euro mobiliséiert. Da misst et jo awer och méiglech sinn, e puer Honnerttausend Euro ze mobiliséieren, fir datt eisen Tissu associatif net d'Baach erofgeet. An do ass net nëmmen d'Famille als Ministère gefuerdert, mee eigentlech all Ministère.

Dës Associatiounen hunn e ganz aneren demokratesche Wee geholl wéi elo déi Manifestatiounen, déi mer op der Strooss gesinn. Si sinn annerhalleft Joer amgaangen an et ass nach ëmmer näischt geschitt, wat immens schued ass. An dat déngt, mengen ech, och net der Demokratie an net eisen Associatiounen.

A mir wieren immens frou, wann Der lech géift en Häerz huelen a wa mer kéinten all zesummen déi Motioun do stëmmen a wa mer kéinten op dee Wee goen, deene Leit wierklech an den Associatiounen ze hëllefen, déi wierklech d'Hëllef brauchen, natierlech mat Krittären.

Voilà. Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*), *auteure*.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och.

Den Här Galles huet sech zu Wuert gemellt, an dat kritt en och. Här Galles.

#### Discussion générale

■ **M. Paul Galles** (*CSV*).- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, also mir hunn eis och Gedanken driwwer gemaach a mir hunn d'Tendenz, déi Motioun do ze ënnerstëtzen, aus deem ganz einfache Grond, well et jo awer trotzdeem de Retour aus der Gesellschaft ass, wat d'Associatiounen ugeet, dass et Problemer gëtt. An et ass eis alleguerte kloer, wann een natierlech während der Covid-kris freet: „Huet ee Problemer?“, da wäerte mer alleguerte mat Jo äntweren. Dofir, déi éischt Etüd, déi de CLAE gemaach hat, déi war relativ generell gehalten. Dat ginn ech ganz gären zou. An d'Resultater waren och kloer. Et ass awer eng zweet Etüd hannendru gemaach ginn, eebe grad no där Kommissiounssëtzung, déi mer deemools am September haten, déi nach eng kéier méi spezifesch gewisen huet, dass et awer Problemer gëtt bei enger Rei vun Associatiounen, soudass een, mengen ech, trotzdeem déi Schwieeregkeet ganz seriö misst huelen.

An ech kann dat och ënnerstëtzen, wat déi honorabel Kollegin Myriam Cecchetti elo gesot huet, dass et tatsächlech an eiser aller Interessé jo ass, och den Associatiounen ze hëllefen.

Ech denken, dass hei am Sall héchstwahrscheinlech keen dergéint wär, den Associatiounen, Organisatiounen ze hëllefen. D'Fro ass just: Wéi? An och wéi konkret a wéi spezifesch an no wat fir enge Krittären een dat da géif definéieren. An ech mengen, do wär et och eeben néideg, dass, wa mer dem Ministère, dem Familljeministère oder wien och ëmmer dann do géifen en Optrag mat op de Wee ginn, dass dat eeben elo den nächste Schrëtt wär, fir genau dat doten ze maachen, nämlech déi Krittären auszeschaffen, wéi een dann deenen Associatiounen spezifesch kann hëllefen.

Vun deemools an der Kommissiounssëtzung hat ech elo zwou Saachen nach verhalen, déi d'Madamm Ministesch Corinne Cahen deemools gesot huet. Dat Éischt war, dass se gesot huet, dass se géif nach de Kontakt mam CLAE sichen. Esou hunn ech et zumindest verhalen. An ech wollt nach eng kéier nofroen, ob dat dann och tatsächlech esou geschitt ass, ob dee Kontakt dann zustane komm ass an ob do e Gespréich stattfonnt huet, wat jo erméiglecht huet, hatt jo hatt kënnen erméiglechen, dass de CLAE eebe méi spezifesch hatt kënnen soen, wou dann d'Problemer genau leien.

An déi zweet Saach, dat war - dat hunn ech och verstanen - déi Remark, dass natierlech eng Rei vun deenen Associatiounen souwisou schonn iwwer Konventiounen oder wéi och ëmmer de Loyer zumindest géifen zur Verfügung gestallt kréien. Mee am Bréif vum CLAE bezéiungsweis a senger éischter Demande, déi e gemaach huet, gouf et awer nach eng Rei aner Demandé wéi just déi, dass de Loyer géif iwwerholl ginn. A sou gouf et eng Opzielung. Dat Éischt war eng Opzielung och vun anere Frais-fixen, déi do zustane kommen. Dat ass net nëmmen d'Locatioun, dat sinn och Salairen, dat si Frais de fonctionnement.

Dat Zweet, wat se gefrot hunn, ass an deem Moment, wou schonn iergendwellech Aktivitéite geplangt waren a wou se en amont vun deenen Aktivitéite scho Suen ausginn haten an déi Aktivitéiten awer dunn herno hu mussen ofgesot ginn, wann déi Suen eeben net rembouriséiert goufen, ob déi Suen, déi do schonn ausgi goufen am Virfeld, dann erëm eng kéier kéinten iwwert de Ministère rembouriséiert ginn, fir dass déi Aktivitéiten, wa se da spéider eng kéier géife stattfannen, an deem Moment da kéinte voll finanziéiert ginn iwwert dee Wee.

An dat Drëtt, dat war eeben och déi Fro vum CLAE, an déi fannen ech ganz interessant an déi fanne mir interessant, nämlech fir eng Plattform ze schafen, fir eeben déi Echanging tëschent den Acteuren alleguerten och ze institutionaliséieren. Do schéngt et jo e Besoin vun hiner Sait ze ginn.

An deem Sënn wëlle mir dës Motioun ënnerstëtzen. Nach eng kéier mat där Fro och un d'Familljeministesch - oder wien och ëmmer elo am Numm vun der Familljeministesch do wëll äntweren, well si selwer lo net hei ass -, ob dann do nach méi e spezifesch Kontakt mam CLAE stattfonnt huet, sou wéi et deemools an der Kommissiounssëtzung ..., sou wéi ech et verstanen hunn, dass et ugekënnegt gouf.

Ech soen lech villmools Merci.

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An nächsten Intervenant ass den Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Max Hahn** (*DP*).- Jo. Merci, Här President. Och merci den Dammen Cecchetti an Oberweis fir dës Motioun, déi mer de 14. September och schonn an der Kommissioun traitéiert haten. Opgrond vun där Reunion, mengen ech, ass et och e Kontakt gi mam CLAE, wouropshin, an dat huet den Här Kolleeg Galles ernimmt, eng zweet Enquête bei den ASBLen eigentlech gemaach ginn ass.

Doropshin ass och den 20. Oktober eng Newsletter erausgaangen un d'ASBLen, wou d'ASBLen gesot kruten, dass et vereinfacht Konditiounen géif ginn, dass Konditiounen wéi zum Beispill, dass ee sechs Woche virun engem Projet dës muss ugemellt hunn, fir Subsiden an Aiden ze kréien, dass dës net méi gëllen. A virun allem ass nach eng kéier dru higewise ginn, wa finanziell Problemer bestinn, dass déi dann och, wann een dann nowise kann, dass déi en Zesammenhang mat der Pandemie hunn, dass déi dann och considéiert ginn an de Ministère.

Ech wëll lech awer soen: Et ass d'selwecht wéi mer et och schonn an der Kommissioun de 14. September gesot kruten, dass eigentlech opgrond vun der Reaktioun, déi een do gesinn huet, spréich vun den Demandé un de Ministère - well dat ass jo de gängge Wee, dass de als ASBL bei dain zoustännege Ministère gees, fir Revendicatiounen ze maache respektiv fir Aiden ze kréien -, eng immens Diskrepanz do ass vun deem Chiffer par rapport zu deem, wat eigentlech aus den Enquêtes erauskomm ass. Nach ass et esou: Déi eenzel Ministère, net nëmmen de Familljeministère, mee och déi aner, sinn natierlech op a si sécherlech kulant, fir eisen ASBLen ze hëllefen an deem heite Kontext, soudass mer hei net gesinn, dass een hei e spezifische Mechanismus misst en place setzen.

Wéi gesot, déi gängge Prozedur soll gëllen, dass ee sech bei sengem Ministère mell. Wéi gesot, dat ass net oft geschitt. Ech mengen, mir kruten an der Kommissiounssëtzung am September zwee Fäll genannt. An elo, opgrond vun där Newsletter, déi erauskomm ass den 20. Oktober, waren et der nach eng kéier dräi, déi sech hei gemellt hunn, fir Aiden ze kréie fir Projeten. A vun deenen dräi war eigentlech just een, deen och gefrot huet, dass en duerch déi finanziell Situatioun wëllt Hëllef kréien. Dat ass am Moment an Ausaarbechtung fir ze kucken, ob dat da legitim ass oder net.

Wéi gesot, dofir géif ech lech proposéieren, fir déi heite Motioun net ze stëmmen, well ech net gesinn, dass hei e Bedarf dofir ass.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci dem Här Hahn. Ier ech dem Här Ausseminister d'Wuert ginn ... D'Madamm Djuna Bernard huet sech nach gemellt an d'Djuna huet och d'Wuert.

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Villmools merci, Här President. Merci, Madamm Cecchetti, dass mer nach eng kéier hei op dëser Plaz iwwert dës wichtige Sujet schwätze kënnen. Merci och dem Här Hahn fir d'Erklärungen an d'Detailer, déi en elo ginn huet bezüglech der Suite von dem Kontakt tëscht dem Familljeministère an dem CLAE.

Et ass evident, wa mer iwwert d'Zivilgesellschaft schwätzen an iwwert de Benevolat, d'Engagement vun de Biergerinnen a Bierger an eisem Land, da schwätze mer vun engem Riseseक्टर, dee ganz divers ass, deen deementspriedend och ganz ënnerschiddlech Usprichpartner huet an ënnerschiddlech Ministère-de-tutellen. Dat kann d'Kultur sinn, dat kann de Sport sinn, dat ass d'Jugend an dat ass, wann et ONGen an der Entwécklungszesummenaarbecht sinn, d'Kooperatioun.

Deementspriedend ass et en enormen Defi, hei eenheetlech Hëllefstellungen och ze beschwätzen, well et jee no Ministère de tutelle a jee no Secteur och ënnerschiddlech Kontakter gëtt, ënnerschiddlech Konventiounen, ënnerschiddlech Projeten an ënnerschiddlech Hëllefstellungen. An ech mengen, et muss ee sech bewosst sinn, datt dat de Sujet ronderëm de Benevolat an d'Ënnerstëtzung vum Benevolat immens komplex mécht.

Deementspriedend begrësse mir, dass am Moment jo eng Etüd gemaach gëtt iwwert de Benevolat, wou effektiv probéiert gëtt erauszefannen: Vu wien schwätze mer a wat sinn d'Besoine vun der Zivilgesellschaft zu Lëtzebuerg? An deementspriedend kënnen mer do nohalte a mëttel- a laangfristeg Léisunge fannen. Kuerzfristeg, mengen ech, ass et wichtig, datt de Kontakt tëscht den Associatiounen, de Veräiner an hire jeeweilege Ministère stattfënn. A sou, wéi ech dat verstanen hunn, gëtt dat gemaach.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

An deem Sënn géif ech och menger Fraktioun re-commandéieren, dës Motioun net unzuhuelen. Net, well mer d'Theema net wichtig fannen, well d'Ënnerstëtzung net soll gi ginn, mee well de Kontakt schonn en place ass a well mer wierklech dru gleewen, dass e gudder Lien tëscht deene meeschten Associatiounen an hire Ministère-de-tutellë besteet.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Bernard.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Jo, just ee Saz: Also d'Regierung ralliéiert sech dem Exposé an den Argumenter vum Här Max Hahn.

#### (Hilarité)

■ **M. Max Hahn** (*DP*).- Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Minister. Da kéime mer elo zum Vott iwwert dës Motioun.

#### Vote sur la motion

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 25 Jo-Stëmme bei 35 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Tess Burton), Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

### 8. 7852 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à financer l'acquisition et le support logistique de véhicules de commandement, de liaison et de reconnaissance (CLRV) pour les besoins de l'Armée luxembourgeoise

Mir kommen elo zum Projet de loi 7852 iwwert d'Finanzéierung vu Militärgedier. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert un d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

#### (Brouhaha)

#### Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Villmools merci, Här President.

#### (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Net, dass nach een de Moment verpasst.

Dir Dammen an Dir Hären, ech dierf lech haut de Rapport maachen iwwert de Projet de loi 7852, dee sech areit an de méi breede Kontext vun der Moderniséierung vun eiser Arméi, a ganz spezifesch am Beräich vun der Intelligence, Surveillance a Reconnaissance.

Aktuell verfüügt eis Arméi iwwer 42 blindéiert Ween, déi mir allgemeng als „Hummer“ kennen. Dës sinn 1996 kaf ginn a sinn no an no an de Service gesat ginn, dës vun November 1996 bis Juni 2002. Dës sinn also net méi grad nei. A well se och net déi néideg Sécherheet bidde fir déi Asätz, déi an Zukunft geplangt sinn, war relativ schnell ausgeschloss, dass dës kéinte geupgrade ginn.

Nieft den Hummere verfüügt d'Arméi awer och iwwer 48 sougenannt „protected reconnaissance vehicles“ (PRV), déi mir allgemeng als „Dingoe“ kennen. Dës sinn 2008 kaf ginn an tëscht Juni 2010 a März 2011 an den Asaz gesat ginn.

#### (Brouhaha)

Dës waren deemools kaf ginn haaptsächlech och an der Optik vun dem Afghanistan-Asaz, wou eng héich Protektioun géint déi sougenannt IEDen, also „improvised explosive devices“, néideg war. An d'Dingoe sinn dësem Usproch zu deem Zäitpunkt och gerecht ginn.

Allerdéngs ass den technologesche Fortschrëtt an deem Beräich rasant, soudass mer haut an enger Situatioun sinn, wou d'Ënnersystemer vun dëse PRVe vereelt sinn.

#### (Brouhaha)

Quitte dass hir Plattform u sech nach a guddem Zoustand ass, baséiert hire System sou zum Beispill nach um Windows XP an et gëtt och kee Service après vente méi.

D'Iddi war hei, en Upgrade ze maachen a se technesch op den neiste Stand ze bréngen. Dës ass zesumme mat der NSPA tëschent 2018 an 2019 och analyséiert ginn. Allerdéngs huet dës Analys erginn, dass reng fir deen Exercice tëscht 220 an 250 Milliounen Euro missten ausgi ginn, woubäi d'Liewensdauer dann och just bis 2032 hätt kënnen verlängert ginn. An dës ass dunn als finanziell net interessant ageschat ginn.

Mir haten also zu deem Zäitpunkt eng Situatioun, wou mer engersäits héich Onkäschte fir en Update vun de PRVe gehat hätten an anerersäits déi vereeltzen Hummeren, déi mer hu missen ersetzen. Also hu mer missen op de Wee goen, fir eng sënnavoll Alternativ ze fannen, fir eis Flott ze moderniséieren an den Zilsetzunge vun der NATO och gerecht ze ginn.

#### (Brouhaha)

Iergendwéi ass ...

#### (Interruption)

Dat muss immens opreegend sinn!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- D'CSV ass immens begeeschtert.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Majo ech weess. Ech freeë mech och.

■ **Une voix**.- Et gëtt vill Saachen ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Déi nei Ween, do si se all iwwerfuerdert.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Dat gesi mer dann.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Rapportrice vun dësem Projet de loi huet d'Wuert!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Soll ech nach eng kéier e bëssen éischter ufänken oder kann ech einfach weiderfueren?

#### (Hilarité)

Dofir ass entscheet ginn, béid Typpe vu Ween gläichzäiteg ze ersetzen, an dat duerch elo een eenzegen Typ vu Won, dee besser op eis Besoinen adaptéiert ass.

Dës ze maachen huet och en zousätzlechen organisatoresche Virdeel, well nämlech de Fait, zwee verschidde Ween ze hunn, och bedeit, dass d'Personal muss op zwee verschidde Ween trainéiert ginn. Notamment och, well d'Taktik jo jee no benotzem Won ënnerschiddlech ass an d'Technik komplett ënnerschiddlech ass. Dës bedeit, dass ee méi Zäit brauch fir d'Ausbildung, dass een zwou verschidde logistesche Chainë muss oprechterhalen, wat dann och erëm en negativen Afloss op d'Interoperabilitéit vun den eegenen Unitéiten huet. An dës ass och méi wéi eng kéier vun der NATO kritiséiert ginn. An do gouf sech drop géeenegt, op d'Sich no engem neie Won ze goen, deen dann awer misst kompatibel si mam SCORPION-Programm.

Ouni ze vill an den Detail vun dësem Programm ze goen, ass et wichtig, hei ze soen, dass d'Belsch a Frankräich eeben domadder fonctionéieren. An domadder ass et hinne méiglech, interkonnektéiert ze





operéieren. A vu dass mir och drop ugewise sinn, mat eisen Haaptpartner interoperabel ze schaffen, eebe well mir jo och quasi just am Kader vu multi-nationale Gruppementer ënnerwee sinn, läit dëse Choix fir eis dann och op der Hand.

Gläichzäiteg zéie mer och déi néideg Konklusio-nen aus dem PRV-, also dem Dingo-Programm, nämlech dass de Fait, dass mer eis un den Eki-pe-menter vun eiser gréisserer Nopeschärméi orien-téieren, eis och wäert zeguttkommen, wann et ëm de laangfristige Service après vente geet oder ëm d'Erbäikréie vun Ersatzstécker. Esou kann och ga-rantéiert ginn, dass mir un „rapid reaction forces“, sief dat NATO oder EU, deelhuele kënnen.

Gesicht gëtt also elo no engem neie Won, dee mam SCORPION-Programm kann ekipéiert ginn. Fir dëse Won erauszesichen, huet d'Defense d'NSPA char-géiert, eng Analys de marché ze maachen, fir herno mat eis zesummen d'Ausschreiwung vun den neie Gefierer vum Typ CLRV ze maachen, wat also de „command, liaison and reconnaissance vehicle“ ass. D'Onkäschten, déi ufale fir den Appui vun der NSPA an dësem Projet, sinn dann och am globale Montant vun dësem Projet enthalen. Natierlech kann dat just definitiv lancéiert ginn, wa mer dëse Projet de loi dann och gestëmmt hunn.

**(Brouhaha)**

Wat gëtt also konkret gesicht? 80 Gefierer sinn et, déi identesch konfiguréiert sinn. Si sollen e Maxi-mum vun 10,5 Tonnen hunn, dëst och fir den „ecolo-gical footprint“ op e Minimum ze reduzéieren. Et soll e Won sinn, dee souwuel als Reconnaissance-Won ka benotzt gi wéi och als Véhicule de com-mandement ou de liaison. D'Mise en service soll të-schent 2024 an 2025 sinn. An hir Liewensdauer - mir schwätzen hei vun der Plattform, net vun den Ënnersystemer - bedréit e Minimum vu 15 Joer, voire 20 Joer.

Wie sech elo méi fir déi technesch Detailer vun dësem Projet de loi interesséiert, deen invitéieren ech häerzlech, sech mäi schrëftleche Rapport eng Kéier duercheziesen.

Ëm wat geet et elo an dësem Gesetz? Et ass e Fi-nanzéierungsgesetz. A mam Stëmme vun dësem Gesetz autoriséiere mer d'Regierung, dës nei Ween, wéi gesot 80 un der Zuel, vum Typ CLRV ze kafen. Heifir ass de maximale Montant vun 367 Milliounen Euro festgeluecht ginn. Dës Depensé gi via de Fonds d'équipement militaire liquidéiert.

**(Brouhaha)**

Loosst mech zum Schluss nach kuerz op d'Aar-bechten an der Kommissioun zrëckkommen: Dëse Projet de loi ass den 1. Juli 2021 an der Chamber deposéiert ginn. De Staatsrot huet säin Avis de 16. November 2021 ofginn. Mir hunn de Projet de loi eng éischte Kéier den 2. Juni dëst Joer an der Verdeedegungskommissioun presentéiert kritt. No-deems nach e klengt Amendement gemaach ginn ass, fir enger Remark vum Staatsrot nozekommen, hu mer de Projet nach eemol an der Sëtzung vum 25. November beschwat. An de Rapport, deen ech lech haut maachen, ass den 2. Dezember ugeholl ginn.

Au vu vun den Erklärungen, déi ech lech elo hei duerft liwweren a well et eis och wichteg ass, dass eist Personal, dat mir a Missiounen schécken, opti-mal geschützt ass, ginn ech heimadder natierlech och den Accord vun der grénge Fraktioun.

An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Rapportrice Stéphanie Empain.

Ech ginn d'Wuert weider un den éischten age-schriwwene Riedner an dat ass den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Merci, Här President. Effektiv wollt ech dës kleng Interven-tioun och mat engem klasseschen Ufank maachen, andeem ech der Rapportrice direkt Merci soe fir hire gudder schrëftlechen an och mëndlechen, de-tailléierte Rapport. Do si wierklech vill Detailer dran, déi interessant sinn.

Effektiv gëtt haut mat dësem Gesetz de logistesche Beräich vun eiser Arméi betreffend, ech nennen dat emol Kommandoween, Opklärungsween, Séche-rungsween, gepanzerter an net gepanzerter, moder-niséiert. An déi Léisung, déi zrëckbehale gouf, huet mech am Fong geholl, fir een, dee mol eng Kéier am Boot souz, trotzdeem e bëssen iwwerrascht, well wann ech kucken - et ass och vun der Rapportrice gesot ginn -, am Joer 2007, iwwert d'Gesetz vum 21. Dezember 2007, huet sech d'Arméi och dee-mools an deem Sënn opgestallt, an deemools ass gesot ginn: „Mir kafen nei Véhicules de reconnais-sance ...“ - also gepanzerter Opklärungsween, déi 120 Milliounen sollte kaschten - „... an taktesch Ween“, dat sinn dann normaler, déi eis Humveeën sollten ersetzen, an déi sollte maximal 20 Milliounen kasch-ten.

Bon, déi gepanzerter Opklärungsween goufe jo dann och, wéi d'Madamm Rapportrice gesot huet, am Joer 2008 an och duerno kaf. Effektiv war dat nout-wendeg, well Lëtzebuerg huet sech jo spezialiséiert am Beräich ISR, also Intelligence, Surveillance a Re-connaissance. An duerfir hu mer déi Ween ge-braucht. Duerfir sinn déi kaf ginn.

D'Hummeren - déi heesche jo dann „High Mobility Multipurpose Wheeled Vehicle“, dat ass e ganz schéinen Numm, e schéinen Akronym vun der Ar-méi - sinn net ersat ginn. Dat ass nach bis haut net geschitt, obschonn déi deemools scho bal 15 Joer haten an haut 30 Joer hunn. D'Virgab war och dee-mools, mir missten eppes huelen, wat d'belsch Ar-méi hätt, an d'belsch Arméi hat jo där Dingoen. Dunn hu mir déi och kaaft. Dozou ware vill Diskus-siounen. Ech wëll awer net méi op déi Diskussioun-en agoen.

An elo gëtt och d'selwecht argumentéiert, just gëtt elo gesot: D'Belsch hunn déi nei Ween, oder déi nei Plattform an och änlech Ween warscheinlech, an dann d'Fransousen och. Dofir mengen ech, dass d'Iddi, vun zwee verschiddene Ween op een ze goen - also ee Konzept mat enger globaler Äntwert, mat kloer Prämissen -, dee richteg Wee ass. Dat wëll ech ganz kloer soen. Mir wäerten och d'Gesetz stëmmen.

Hei ginn elo dann 80 CLRVen - alt nees en neien Akronym: „command, liaison and reconnaissance vehicles“ - kaf. Mir hunn der elo 90, well mir hunn elo 48 PRVen, 42 Hummeren. Dat heescht, et gëtt der 10 manner. An d'Sécherheet gëtt och groussge-schriwwen, wat och gutt ass. Just, de Käsche-punkt, dee geet hefteg an d'Luucht, Här Minister, dee geet effektiv vun 140 Milliounen am Joer 2007 op 367 Milliounen. Dat ass 2,5-mol méi. Mee dat ass esou! D'Liewen ass deier ...

**(Brouhaha)**

... an och eeben d'Material, wat nei kaf gëtt.

Gutt. Ech mengen, de Choix ass richteg, well mir schaffen effektiv exklusiv multilateral, a souguer och da relativ vill bilateral mat de Belsch. Mir hunn net fir näischt eng Batailloun mat hinne. An esou gëtt dann och argumentéiert, duerfir misste mer esou en Auto hunn.

A mat deem heiten haut gëtt et am Fong geholl dann, wéi gesot, net zwou Zorte Ween, mee just nach ee Won. An dat huet d'NATO d'ailleurs och preconiséiert. Duerfir muss ech soen: Ech fannen et gutt, wat mer elo hei maachen, mee firwat ass esou laang diskutéiert ginn? Firwat sinn déi Hum-veeën net direkt ersat ginn? Ech hunn iwwerhaupt keng richteg Äntwert kritt. Den Här Minister ka mer se herno vläicht ginn. Mee dat heiten ass elo gutt!

Gutt! Elo ass gesot ginn, dat huet eis Rapportrice och gesot, 250 Milliounen soll eng Oprüstung kaschte vun den Dingoen. Dat ass richteg, mee wann ech awer elo de Präis kucken - wivill hat ech gesot? 340 Milliounen oder 300 ..., oder 367 Milliounen, an ech zielen dann der 220 of -, da blei-wen 147 Milliounen fir 32 Ween, well mir hunn der jo 48. Dat wär am Fong geholl, finanziell gesinn, ze maachen. Also finanziell gekuckt! Mee ech fannen déi Approche awer besser. Ech gesinn eng Plus-va-lue doran, dass een nëmme méi ee Won huet oder eng Plattform huet. An ech fannen et och gutt, dass dat dann eebe mam Programm SCORPION soll ge-schéien. Dat ass dann déi Decisioun, déi vun de Mi-litärleit geholl gëtt, oder vum Minister. Da kucke mer emol, wat do derbäi erauskënn.

Mee grad well mer dës prezis Virgab hunn, stellen ech mer awer e puer Froen. An déi wollt ech och nach stellen an da wär ech fäerdeg.

Déi éischt Fro, déi ech mer stellen, ass déi: Wa mir déi Ween kafen, wa mer elo déi Plattform hunn a mir kucken, wat d'Belsch hunn - d'Belsch hunn als Ween Griffon a Jaguar -, kréie mir da warscheinlech och esouer? Déi Fro ass un lech, Här Minister. Kréie mir déi Ween oder kréie mer anerer?

Zweet Fro: Wa mer dee selwechte Wee gi wéi d'Belsch, d'Fransousen, déi ganz vill kooperéieren - ech hu gelies, si maache Formatiounen zesummen, Trainingen zesummen -, komme mir och an dee Pa-ckage do mat eran? Maache mir dat och?

Drétt Fro: Do ginn och verschidden aner Missiounen eventuell gemaach wéi déi, déi mer bis elo ge-maach hunn. Kann et sinn, dass also an Zukunft da vläicht eis Buedemarméi aner Missiounen géif kréie wéi bis elo?

Véiert Fro: Däitschland an Holland hu sech bis elo nach net entscheet. Mee loosse mer soen, déi géifen dee Programm net huelen, kéinte mer dann awer trotzdeem mat hinne kollaboréieren? A wa jo, wéi?

Fënneft Fro: Gëtt de „soldat du futur“, iwwert dee mer och schnell e Joerzéngt schwätzen, elo méi konkret heimat, mat dësem Programm, well mer jo da kloer wëssen, dass dat en Thales-Projet ass an dass mer deen dann dorun unhänken an dass dat ka vläicht méi séier goen?

Mir hunn och en Dronepark, dee warscheinlech och vergréissert gëtt. Wäerte mer dann do och mat der

Mark Thales schaffen, mat där Plattform, oder wéi gesäit dat aus fir d'Zukunft?

A schlisslech: Wat geschitt da mat den Humveeën, déi mer elo hunn, mat deenen Hummeren? A wat ge-schitt mat den Dingoen, déi mer net méi brauchen?

Voilà! Dat sinn e puer Froen un lech, Här Minister. Ech wär frou, wann Der mer kéint e puer Äntwerte ginn. An ech soen lech Merci fir Är Opmierksam-keet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Halsdorf. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Den 30. November 1944 gouf jo den obligatoresche Militärdéngscht hei zu Lëtzebuerg duerch en Arrêté grand-ducal agefouert an 1967 ass en erëm ofge-schaaft ginn. Haut zielt d'Arméi, also d'Zivillperso-nal inclus, ronn 1.000 Leit, dovunner och 125 Fraen, wat jo ganz erfreetlech ass.

Ech mengen, d'Arméi huet natierlech an all deene Joren eng grouss Evolutioun matgemaach. Si ass ëmmer méi agebonne ginn an international Organi-satiounen, sief dat d'NATO, sief dat d'UNO oder och d'Europäesch Unioun. Et dierf een awer och net vergiessen, datt d'Arméi ëmmer méi och hei zu Lët-zebuerg gebraucht gëtt, besonnesch bei Iwwer-schwemmungen, also Naturkatastrophen. Ech hof-fen, datt se jo net och nach muss bei aneren Evene-menter an Zukunft agesat ginn.

Et ass kloer, datt mir als Lëtzebuerg eng Ver-pflichtung hunn, eis bei internationale Missiounen ze engagéieren. Mir kënnen net verlaangen, datt mer ronderëm ëmmer protegéiert ginn, a selwer net d'accord sinn, fir och e gewësse Bäitrag ze leeschen. An dowéinst ass et och wichteg, datt eist Ma-terial permanent muss ugepasst ginn.

Et gi jo elo dann eng Rei, 80, nei Vehicullen uge-schaaft. Ech mengen, den Hummer, dat ass schonn hei gesot ginn, datéiert vun 1996. Den Dingo 2 gouf Enn 2010 geliwwert. Déi ware jo och schonn am Asaz an enger Rei vu Länner, zum Beispill am Tschad, dem Libanon, a Bosnien-Herzegowina, Ma-zedonien oder dem Afghanistan.

Elo kann een natierlech soen, 367 Milliounen Euro wier ganz vill Geld. Dat ass och ganz vill Geld! D'Fro ass natierlech ze stellen, ob awer net och deen In-vestissement eng awer dach grouss Bedeitung huet. Ech weess, et gëtt natierlech elo Stëmmen, an déi wäerten elo haut schonn erëm lassleeën, déi da soen: „Mat deene Suen hätt Der kënnen vill Besseres maachen.“ Mee et muss een awer och der Realitéit an d'Ae kucken a soen, datt d'Defense e ganz wich-tegen Aspekt vun enger gesamter Politik ass, a be-sonnesch, nach eng Kéier, fir esou e klengt Land wéi mir. Well mir si jo net onbedéngt e Musterschüler!

Wann een eis Participatioun um Niveau vun der NATO kuckt, déi ass ganz wäit ewech vun 2 % vum PIB. Ech weess, datt dat net onbedéngt eis Ambitioun ass, fir dohinner ze kommen. Mee datt mer eis de Moment esou bei plus ou moins 0,6 % be-weegen, ass jo awer och net onbedéngt eng Meeschterleeschtung. Duerch dës Acquisitioun gi mer natierlech dann erop op plus ou moins 0,72 %.

Ech mengen, wat och wichteg ass ze ënnersträi-chen an dësem Projet, ass, datt jo awer och hei eng Rei Fraise matintegréiert sinn, déi fréier net ëmmer an deene Gesetzter waren. Wat och dozou bäige-droen huet - ech mengen, mir hunn dat jo an deene leschte Méint e puermol erlieft -, datt et op eemol nodréiglech awer zu Diskussiounen komm ass, déi net onbedéngt hätte misse sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an Zäite vum Klimawissel muss ee sech natierlech och Ge-danke maachen, wéi ëmweltfrëndlech esou Gefierer sinn. Do brauch ee sech natierlech kengen Illusiou-nen hinzeginn: Dat sinn net onbedéngt elektresch gedriwwer Gefierer. Dat sinn net onbedéngt Gefierer, déi keng CO<sub>2</sub>-Emissiounen vu sech ginn. Mir hate jo elo dësere Deeg eng ganz interessant Diskussioun an der Kommissioun, wou dann och de Bilan virge-luecht ginn ass, wat den gesamten CO<sub>2</sub>-Aus-stouss vum militäresche Beräich am Ganzen ass. Wann ech dat nach richteg an Erënnung hunn, wa-ren dat eppes iwwer 19.000 Tonnen.

Ech sinn allerdéngs der Meenung, et missten och an Zukunft Ustrengunge gemaach ginn, datt och esou Gefierer wéi déi heite maximal ëmweltfrënd-lech kënnen fonctionéieren. Woubäi, nach eng Kéier, een natierlech muss realistesch sinn an net ver-laange kann, datt vun haut op muer esou Gefierer kënnen elektresch ugedriwwer ginn.

Dat sinn natierlech och Decisiounen, déi éischter um europäeschen Niveau musse getraff ginn. Och do muss gekuckt ginn, fir Cahier-de-charges ausze-schaffen, fir datt mer déi beschtméiglech an ëm-weltfrëndlechste Gefierer kréien.

Mir brauchen natierlech déi Vehicullen net, fir Krich ze féieren. Dat ass ganz kloer. Mee mir musse fir d'Sécherheet suergen. Mir hëllef an internationa-

lem Niveau an enger ganzer Rei vu Missiounen, fir fir d'Sécherheet ze suergen. Stéchuert Sécher-heet: Da muss een natierlech och u seng eege Leit denken, un déi Leit, déi déi Gefierer hei gebrauchen. An do ass et och gutt, datt se awer deen néidegen Ekipement hunn, haaptsächlech wa se zum Beispill Attacken ausgesat sinn oder wa se géifen op Minne fueren.

Sécher ass och, datt d'Digitalisatioun haut eng im-mens wichteg Roll spillt, ëmmer méi eng grouss Roll. A Spezialiste soen, datt an Zukunft d'militä-re-sch Konflikter éischter um Niveau vun automate-sche Waffensystemer entscheet ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir be-grësse selbstverständlech och déi Kooperatioun mat der NSPA zu Capellen. Dat ass e ganz wichtige Partner, deen eis och virun allem a puncto Know-how gutt begleet kann, och wat den Entretien an den Asaz vun deene Gefierer ubelaangt.

Duerch d'Kooperatioun mat der Belsch iwwert de Programm SCORPION, natierlech och mat de Fran-sousen, ass jo net ausgeschloss, datt mer eng Kéier spéider nach mussen zousätzlech Gefierer kafen. Duerfir vläicht och d'Fro un de Minister, ob en do schonn haut kann iergendwéi virausgesinn, wat dat eng Kéier kéint an Zukunft bedeuten.

Voilà! Ech wëll awer ofschléissend och der Ma-damm Empain nach eng Kéier villmools Merci soe fir hir zwee Rapporten. Si huet dat erëm eng Kéier exzellent gemaach. An ech brénge selbstverständ-lech och d'Zoustëmmung vun der DP.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Graas. An ech ginn d'Wuert un deen nächsten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabe-len Här Fernand Kartheiser.

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - Nee.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - O, nee, pardon, d'Madamm Mutsch. Déi hat ech zwar net hei op der Lëscht stoen.

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - Jo.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Mee si kritt awer gären d'Wuert.

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - A bon. Ech wëll awer dozou schwätzen. Merci, Här President. Fir direkt d'Spannung ewechzehuelen, wéilt ech gäre soen, dass mir als Fraktioun eis Zoustëmmung wäerte gi fir d'Acquisitioun vun deene Gefierer an och fir d'Af-fektatioun vun deem dozougehéierege Budget.

Vu menge Virriedner, ma virun allem vun der Rap-portrice, där ech e grouse Merci fir hiren ausféier-leche gudder Rapport soen, waren d'Argumenter fir déi heiten Acquisitioun schonn duergeluecht ginn. Ech wëll just hei e puer Stéchwierder soen: méi Sé-cherheet, eng besser Logistik, besser international Kooperatiounsméiglechkeeten, zum Beispill de Pro-gramm SCORPION, besser Gestiou, besser Forma-tiounsméiglechkeeten och mat deem neie Material, an, ee Beräich, deen eis als LSAP besonnesch um Häerz läit, och méi Sécherheet fir eis Leit, déi um Terrain am Asaz si fir méi Sécherheet, fir de Fridden a fir de Schutz vun de Populatiounen, wat eis na-tierlech ganz besonnesch um Häerz läit.

Et ass och gesot ginn, dass sech deen heite Projet - an et gouf der jo schonn eng Rei virdrun - agliddert an d'Modernisatioun vun eiser Lëtzeburger Arméi. Och dozou sti mir. Et ass och e Volet Solidarité in-ternationale derbäi, well mir si Grënnungsmitglied-er vun der NATO, a mat deem heite Gesetz, a virun allem mat deem dozougehéierege Militärbudget, dee mer affektéieren, erhéije mer och eis Contribu-tioun. Den Undeel vun der Defense un eisem PIB geet an d'Luucht. Mir sinn domadder nach ëmmer net ee vun de Musterschüler, international be-truecht, mee mir si vläicht net méi d'Schlusslicht. Wat awer och wichteg ass: Als Grënnungsmitglied-er vun der NATO hu mir ëmmer gesot, dass mir e fia-bele Partner wëlle sinn, an dozou sti mir.

A virun allem geet et jo an der Zukunft drëm, fir och déi nei Orientatioun - net nëmme vun eiser Lëtze-burger Arméi, mee och vun der NATO - ze beglee-den. Mir op alle Fall sinn och interesséiert un deenen zukünftigen Diskussiounen, déi mer hu ron-derëm d'Zukunft, ronderëm d'Strategie vun der NATO. Do gi jo déi zivill Missiounen ëmmer méi wichteg. Mir hunn dat elo gesi während der Pande-mie, wou mer och mat Hëllef vun der NSPA ganz schnell hei zu Lëtzebuerg konnte medezinnesch Strukturen implantéieren.

Do ass och d'Akzeptanz bei der Populatioun ganz grouss fir déi Theme Pandemiebekämpfung a Friddenssécherung, awer och Participatioun beim Bekämpfe vum Klimawandel. Dat sinn alles Mis-siounen, déi ganz wichteg sinn, bei deenen eis Ar-méi och mat aktiv ass a wou mir eis aglidderen an en internationale Verband, fir eis strategesch bes-ser op d'Zukunft ze preparéieren.

Dat gesot, Här President, Merci, dass Der mer, obwuel ech net op Ärer Lëscht stinn, d'Wuert ginn hutt. Ech ginn dann elo kucken, wie vergiess hat, mech do drop ze setzen.





Mee op alle Fall ginn ech am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu dësem Projet de loi a soe Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lydia Mutsch. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo. Villmools merci, Här President. Ech kann et och ganz kuerz maachen, well ech mengen, et si wierklech all d'Argumenter bruecht ginn. Ech soen der Madamm Empain villmools Merci fir de Rapport an alle Virriedner Merci fir all déi Aspekter, déi belicht gi si vun dësem Projet.

Mir als ADR stëmmen dat hei och mat, well déi Argumenter iwwerzeegend sinn. Et ass gutt, datt mer standardiséieren, an ech mengen, d'Argumenter sinn all genannt ginn.

Ech wëll just op zwou Saachen agoen, déi vläicht awer interessant sinn. Ech mengen, den Här Graas, deen e ganz respektéierte Spezialist och a militäresche Matièreen ass, hat e bësse bedauert, datt dat heite keen elektresche Vehicule ass. Ech muss soen, ech hu jo e bësse Erfahrung an där Saach: Bei engem Vehicule vun 10,5 Tonnen, elektresch bedriwwen, an operationelle Konditiounen, hoffen ech, datt eis zukünfteg Géigner eis heiansdo d'Geleeënheet ginn, en opzelueden, well soss komme mer net ganz wäit domat!

An ëmweltfrëndlech ass Elektresch, wéi gesot, och net, op jidde Fall am Abléck nach net. Also, de Verbrennungsmotor ass weinstens zouverlässig, an dofir ass et eng gutt Saach, datt et e Verbrennungsmotor ass.

Dat Zweet, wat ech awer wëll soen, dat sinn d'Finanzen, déi hei involvéiert sinn. Mir schwätzen hei iwwer en Investitiounsvolume vun 367 Milliounen, an d'Madamm Empain hat erkläert, den Här Halsdorf och - hien hat den Dingo-Projet jo, mengen ech, als Minister och nach matbegleet -, datt mer den Dingo net laangfristeg konnten notzen. Dat ass e Problem! Wann een esou Vehicullen, déi ganz modern sinn, keeft a se dann nëmme kann e puer Joer benotzen, ass dat eppes, wat wierklech weidéet. Mir wëssen, datt d'Regierung sech däärs och bewosst ass. Mir haten dat an der Kommissioun ugeschwat.

An d'Regierung, an ech menge jiddereen heibannen, ass sech där Saach bewosst, datt mer musse probéieren, och am militäresche Beräich esou laangfristeg wéi méiglech ze denken an déi Systemer, déi mer kafen, ëmmer un deen neiste Stand kënnen ze adaptéieren. Ech mengen net, datt ee géintwuer de Steierzueler ka justifiéieren, fir 367 Milliounen auszegi fir e System, deen nëmme e puer Joer gutt ass, an da kréie mer keng Programmer méi oder keng Informatik méi, fir e kënne weiderzebedriewen.

Mir hunn dowéinst eng Motioun virbereet. E bësse ass et jo esou, datt mer oppen Dieren arennen, well ech mengen, mir sinn eis all dem Problem bewosst. Mee mir hu geduecht, et wär vläicht awer gutt, wann d'Chamber d'Regierung opfuert, bei esou Projekte laangfristeg ze plangen. Och wa mer elo deen neie Vehicule do - wéi een och ëmmer et ass, vläicht e franséische Vehicule mat engem SCORPION-System, wéi dat elo hei ugeduecht ass - kréien, sollte mer vun Ufank u mat eise Partner wierklech all Gewiicht drop leeën, datt mer déi Saache laangfristeg ëmmer erëm kënnen op deen neisten techneschen an operationelle Stand hiewen, fir datt mer all Gefor vu Gaspillage de deniers publics ausschléissen.

Dat gesot, wéilt ech dann dës Motioun deponéieren.

#### Motion 1

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*ass sech bewosst,*

*- datt grad am militäresche Beräich d'Technologie sech ganz séier entwéckelen,*

*- datt d'Erfahrung mat den Dingoe gewisen huet, datt et och am militäresche Beräich wichteg ass, laangfristeg ze plangen an datt een, besonnesch och bei informateschen Ekipementer, dacks Adaptatiounen muss virhuelen, déi der Weiderentwécklung vun der Technik Rechnung droen,*

*- datt d'Acquisitioun vu militäreschem Material grouss budgetär Ressourcë verbraucht an datt dowéinst deenen Aspekter vun där laangfristeger Notzung an Amortiséierung an dësem Beräich eng besonnesch Bedeutung zoukënn,*

*- datt och déi konkreet Ëmsetzung vum Gesetz iwwert d'acquisition et le support logistique de véhicules de commandement, de liaison et de reconnaissance (CLRV) pour les besoins de l'Armée luxembourgeoise esou ausgeluecht muss ginn, datt dat zukünfteg Material allzäit muss kënnen adaptéiert ginn, fir technologeschen Neierunge Rechnung ze droen,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- d'Acquisitioun vum militäresche Material esou ze gestalten, datt dëst Material laangfristeg ka genotzt*

*ginn an, wann néideg, ugepasst ka ginn, fir den technologeschen Neierungen an Entwécklung permanent Rechnung ze droen.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

Wéi gesot, mir stëmmen als ADR dëse Projet mat, awer mat enger grousser Suerg ëm eeben eis Steiergelder, bei deene mer gär hätten, datt se sou gutt wéi méiglech agesat ginn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et un der honorabler Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Merci, Här President. Merci och der Rapportrice. Mat deem heite Gesetzesprojet wëllt d'Regierung also nei Militärgéfier kafe fir e Gesamtmontant vun 367 Milliounen Euro. Dat, fir déi aktuell 86 (veuillez lire: 90) Gefrierer ze ersetzen, déi laut de Responsabelen net méi zäitgeméis sinn.

Dir kennt eis Positioun am Defenseberäich. Mir si géint déi nei Oprüstungsspiral, déi 2014 vun der NATO decidéiert gouf a bei där vun eise Land verlaangt gëtt, all Joer Honnerte vu Milliounen a Krichsmaterial ze investéieren. Déi heite Gefrierer ginn net ugeschafft, fir op der neier Avenue ze defiléieren. Si gi bestallt, fir militäresch Operatiounen am Ausland duerchzeféieren, mat deene mir an de meeschte Fäll net d'accord sinn.

Et schéngt eis evident, datt, wann ee sech modern militäresch Geräter speziell fir Auslandsmissiounen uschafft, dann och d'Bereitschaft klëmmt, fir un esou Auslandsmissiounen deelzehuelen. An dat ass ëmsou méi besuergneserreegend, wann ee sech am Detail dës Projeten dann och ukuckt.

Well mat deem heite Gesetzesprojet entscheet déi Lëtzebuergesch Regierung sech bewosst fir eng vill méi staark Ubannung un déi franséisch an un déi belsch Arméi. Dës Gefrierer, déi jo ënner anerem déi däitsch Dingoe sollen ersetzen, gi mat franséische Kommunikatiouns- an Informatiounssystemer ausgestatt, déi zu 100 % kompatibel si mat dem franséischen a belsche Militärmaterial.

Lëtzebuergesch Contingente kënnen domadder direkt an eng franséisch Kommandostruktur agebonne ginn. Mir leie geografesch tëscht zwee grouse Länner, déi a Saachen Auslandsmissiounen eng grondsätzlech aner Haltung hunn. Däitschland ass traditionell éischter zrëckhalend, wat militäresch Interventiounen ugeet a Frankräich vill méi interventionistes. Lëtzebuerg huet sech ëmmer missen an deem Spannungsverhältnis positionéieren a war an der Vergaangenheet och éischter zrëckhalend. Mat dem aktuelle Verdedegungsminister hunn zumindest mir als déi Lénk d'Gefill, wéi wann déi zrëckhalend Haltung Stéck fir Stéck géif opgi ginn, also wéi wann déi Haltung géif opgi ginn a sech ëmmer méi der franséischer Politik géif ugenäert ginn.

Fir eis ass kloer, datt mat deem neie Material an duerch déi héich Interoperabilitéit mat de Fransousen och den diplomateschen Drock wäert klammen, sech gegebenefalls u franséische Militärinterventiounen ze bedeelegen, ob mir dat wëllen oder net.

An deem Kontext wëll ech dann och nach eng kéier ausdrécklech hei bedauern, datt d'Regierung zu deenen neie Militärasätz am Mosambik an am Irak hei keng Debatt am Parlament ugefrot huet, esou wéi dat am OMPs-Gesetz awer virgesinn ass. Juristeschen kann een doriwwer streiden, ob déi Decisioun an der Rei ass oder net, mee aus enger reng politescher Siicht ass et definitiv dat falscht Signal. Mäi Kolleg, de Marc Baum, hat den Här Bausch am Fréijoer nach dofir gelueft, datt d'Parlament soll an Zukunft bei esou Decisiounen matagebonne ginn. An elo bei der éischtbeschter Geleeënheet gesi mer, datt eng éffentlech Debatt an der Chamber op eemol awer net méi erwünscht ass.

Zum Schluss wëll ech da just nach op en Detail agoen, deen eis zimblech op d'Strëmp geet. Am Exposé des motifs steet, ech zitieren: „véhicule d'un poids total maximum autorisé de 10,5 tonnes, dans un but de réduire son empreinte écologique“. Do bleift engem de Mond opstoen! Et ass einfach absurd, d'Uschafung vun engem Zéng-Tonne-Gefier domadder ze rechtfertegen, datt en 20-Tonne-Gefier nach méi klimaschiedlech wier.

Ech bieden lech, haalt op domadder! Deen neien Trend, fir d'Uschafung vu militäreschem Material mat dem Klimawandel ze rechtfertegen a schéinzerieden, ass fir eis op jidde Fall extreem penibel. Wann Dir wierklech wëllt eppes géint de Klimawandel maachen, dann investéiert déi 400 Milliounen pro Joer net an neit Krichsgeschier, mee a Klimaprojeten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Och merci der Rapportrice Stéphanie Empain.

Ech mengen, et ass elo dräi Wochen hier, do souz ech hei am Eck mat enger Schoulklass. Mir hate jo

Schoulklassen hei an der Chamber. An déi Schoulklass hat per Zoufall d'Thema Oprëschtung matbruecht. Dat war ganz interessant a ganz konstruktiv, wat déi Jonk eis gezielt hunn. Si hu sech nämlech ganz vill Gedanke gemaach ëm aner Kanner weltwäit, sief et, dass se viru Krich musse flüchten oder dass se an Aarmut liewen an net dee selwechte Standard hu wéi si. Ech hunn dat och ganz nobel fonnt, dass déi Kanner esou wäit gekuckt hunn.

An eng vun de Fuerderungen, déi op deem Männche war - Dir kennt iech als Deputéierten nach eng kéier ukucke goen, wat déi nächst Generatioun fir Gedanken huet, dee steet hei op der Bréck -, ass, dass muss manner investéiert ginn an d'Oprëschtung. An ech ka soen: Déi Kanner hate Recht! Mir sinn net an enger Welt, an där mer 367 Milliounen einfach mol esou kënnen ausginn zu dësem Moment, an deem mer ëmmer gesot kréien - meeschtens ass et, wann d'Opposition eng Motioun oder e Projet huet -, et wär kee Geld do, sief et fir d'Steierreform, oder fir d'Wittfraen an d'Wittmänner ze entlaaschten, oder fir déi Elengerzéiend. Et ass ni Geld do!

An da kënn awer déi selwecht Regierung heihinner an zitt sech einfach emol 367 Milliounen aus enger Täsche, woubäi, mengen ech, dobausse warscheinlech déi weinest Leit iwwerhaapt nach Verständnis derfir hunn, dass mer elo de Moment - ech mengen, wa mer keng Pandemie gehat hätten, kéint ee jo nach driwwer diskutéieren -, an där aktueller Situatioun, an där mer och net wierklech wëssen, wéi et mat de Staatsfinanzen herno weidergeet, einfach emol esou eng Enveloppe vun 367 Milliounen zéien an d'Leit dobaussen awer oft verträischten a soen: „A nee, déi dote Projeten déi nächst Legislaturperiode! Mir haten et zwar am Koalitionsprogramm, mee dat hu mer vergiess. Nächst Legislaturperiode! Et ass kee Geld do!“

An dat gesi mir Piraten immens kritesch. Mir si jo schonn d'office kritesch, wa mer iwwer Oprüstung diskutéieren an doriwwer, wat do alles investéiert gëtt. A wann ech zrëckblécken, ler ech Deputéierte gi sinn, konnt ech mer dat emol guer net esou virstellen, dass an all deene Joren - ech mengen, et sinn elo dräi Joer, déi mer hei sinn - esou vill Milliounen a Satellitten, Fligeren, Gefrierer, all Méiglech, an d'Oprüstung gaange sinn, dass engem sech eigentlech de Mo scho kann ëmdréien. Et ass ëmmer komesch: Dofir ass op eemol Geld do!

Ech kéint jo elo nach op den Ëmweltaspekt agoen. Ech muss awer do fairerweis soen: Ech hat jo, ...

#### (Interruption)

... de leschte Freideg Moie war dat, wou op meng Demande hi mer geschwat hunn iwwert den CO<sub>2</sub>-Ausstouss vun der Arméi, woubäi ech och de Minister luewe wëll a seng Beamten, déi matkomm sinn, well se eis dat wierklech ganz seriö a ganz transparent opgeléicht hunn a wou mer och vill Piste kritt hunn, wéi dës Arméi wäert kënnen CO<sub>2</sub> aspueren. An esou, wéi de Minister gesot huet - e kann dat awer herno nach eng kéier sécherlech hei méi kloer duerstelle wéi ech -, wäerten dës Autoe jo och warscheinlech e bësse méi spuermass si wéi déi, déi am Moment do sinn.

Bon, ech wëll soen, den Hummer, Dir kennt alleguerten déi Autoen, do ass et och net schwier, fir méi spuermass ze si wéi en Hummer! Mee zumindest geet et op eng liicht Pist, och wann dës Autoe wäit ewech si vun ëmweltfrëndlech a vun deem, wat een eigentlech an enger aktueller Klimakris iwwerhaapt nach veräntwerte kann. Den Här Minister wäert dat sécherlech herno nach ausféieren: Si sinn awer, wann ech den Här Minister richtig op deem Punkt verstanen hunn, zumindest zu engem Deel méi ëmweltfrëndlech wéi déi aktuell Gefrierer. A vläicht kann de Minister jo och soen, ob doduerjer den CO<sub>2</sub>-Verbrauch vun der Arméi herno wäert erfroen - awer mierkbar erfroen! - par rapport zu deem aktuellen.

Mir Piraten wäerten den Accord aus de genannte Grënn haut net ginn. An ech ka just nach eng kéier déi Schoulklasse luewe, déi soen: Léiwer an d'Leit investéiere wéi an d'Material!

Merci.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier a Verdedegungsminister François Bausch.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Merci, Här President, an och merci all den Deputéierte fir hir Bäitrag. An och merci fir déi breet Zoustëmmung, déi de Projet wäert kréien. Wann ech dat elo richtig gezielt hunn, da sinn dat jo 60 minus 4 gëtt 56 Jo-Stëmmen. Dat ass sécherlech erfreulich. Ech si frou, datt dat esou ass.

Ech wëll vläicht fir d'éischt e puer Froe beäntweren, déi gestallt gi sinn, virun allem vum Här Halsdorf, an dann natierlech op eng Rei méi allgemeng Saachen agoen, déi och hei gesot gi sinn.

Fir d'éischt emol zum Gesetzesprojet, als éischt Remark: Et ass e Gesetzesprojet, et ass net e Finanzement, dee mer eemoleg maachen. Et ass e Gesetzesprojet, deen iwwer 20 Joer geet. Dat heescht, déi 367 Milliounen gi mer aus fir déi nächst 20 Joer. Dat heescht, et misst een am Fong duerch 20 dividéieren, fir dann ze kucken, wat dat pro Joer ausmécht. An natierlech, wann een dat mécht, da gesäit dat jo scho ganz anescht aus, wéi wann een einfach dee Chiffer vun 367 Milliounen do viru sech leien huet.

Mee bon, dovu mol ofgesinn, ech wëll déi Fro beäntweren, déi éischt Fro. Do hate mer jo eng Nott bäigeluecht bei de Rapport - an ech mengen, si ass och un de Rapport mat drugehaange ginn, wann ech de Rapport nach gutt an Erënnerung hunn -, an där mer erkläert hunn, firwat deen Ënnerscheid kënn vun de Gefrierer vun haut par rapport zu deem, wat an der Zäit, 2007, 2008, also wéi den Här Halsdorf selwer Minister war, decidéiert ginn ass a wou eeben zwee Gefrierer do waren an haut nëmme méi eent.

Dat huet engersäits natierlech mat der technologescher Evolutioun ze dinn an et huet och domat ze dinn, datt vun der NATO ab 2016 an och vun der Europäescher Unioun ab 2016 gesot ginn ass, datt et am Fong fir déi Missiounen, déi d'Arméi mécht an der Reconnaissance, net esou gutt wär, fir mat zwee Gefrierer ronderëmzefueren, datt et besser wär, eeben an d'Richtung ze goe vun engem Gefier, d'autant plus, well d'Technik evoluéiert huet, soudatt et haut och méiglech ass, et besser hinzeckréie wéi deemools.

Bon, ech mengen, dat steet jo och am Rapport mat dran. An dat ass och den Hauptgrond, firwat dat gemaach ginn ass.

Da war d'Fro zu de Gefrierer: Wat gëtt et fir e Gefier? Dat ass haut ganz schwéier ze soen. Bon, den Här Halsdorf huet der zwee genannt, de Griffon an de Jaguar. Et ass esou, datt mir jo eng Ausschreiwung maachen. D'NSPA ass amgaangen déi virzebereeden. De Cahier des charges ass fäerdeg. D'Ausschreiwung ass lancéiert. An den Zouschlag wäert iergendwann elo gläich da gemaach ginn, also spéitstens, wann d'Gesetz gestëmmt ass. Mir hate jo och an de Cahier des charges drasetze gelooss, datt dat Ganz souwiesou sous réserve vun der Adoptioun vun enger Loi de financement ass. Dat kann eent vun deenen zwee Gefrierer do ginn, mee et kann awer och en anert ginn.

Dat Eenzege, wat wichteg ass a wat am Cahier des charges steet, dat ass, datt am Fong dat Ganzt muss mat deem Programm SCORPION fonctionéieren. Firwat mat deem Programm SCORPION? Mee well mir natierlech eng ganz enk Zesummenaarbecht mat eise belsche Kollegen hunn an déi do drop sinn, also sech fir deen decidéiert hunn, niewent de Fransousen. An duerfir ass et natierlech am Kader vun der Interoperabilitéit fir eis besonnesch wichteg, mat de Belsch am Aklang ze sinn.

Bon. Mee, wéi gesot, wat et genau gëtt, dat gesi mer, wann d'Ausschreiwung ofgeschloss ass. Dat kann ech lech de Moment nach net soen. Mee ech mengen, wann dat de Fall ass, da wäert ech lech selbstverständlech informéieren doriwwer, wat dat gëtt.

Zum Training: Et gëtt natierlech e spezifesch Training fir deen doten informateschen Environnement, de SCORPION. A mir hunn och schonn - ech war rezenterweis bei der franséischer Ministesch - mat de Fransouse geschwat, fir natierlech ze kucken, datt eis Leit och dorobber ausgebild ginn am Ausland. Dat si ganz spezifesch, komplizéiert a komplex Formatiounen. Dat wäert och geschéien.

Ob mer domadder aner Missiounen kréien, dat huet elo manner mat de Gefrierer, mengen ech, ze dinn, mee éischter mat deem, wat éischstens an der Welt geschitt an deenen nächste Méint a Joren an zweetens och mat deem, wat dann natierlech an der Europäescher Unioun oder an der NATO decidéiert gëtt, wou gemengt gëtt, datt ee misst intervenéieren oder och net.

Ech kommen herno nach op déi Fro vun den Interventiounen zrëck, déi d'Madamm Oberweis hei ugeschwat huet, well dat kann eng ganz spannend Diskussioun sinn.

Dann zu der Fro mat den Updaten. An den Här Halsdorf, pardon, net den Här Halsdorf, den Här Kartheiser huet jo och eng Motioun eraginn. Wann ech déi richtig verstanen hunn - ech hu se elo séier gelies -, bezitt sech d'Motioun jo elo net nëmme op deen heite Projet, Dir mengt dat jo allgemeng. Do hunn ech och guer kee Problem, déi unzehuelen, well ech kann lech soen, fir deen heite Projet zum Beispill hu mer am Projet 50 Milliounen Euro virgesinn, nëmme fir Updaten ze maachen! Dat heescht, et ass absolutt an deem Sënn geduecht. Mir hu jo en Interêt, dat ze maachen. Also, weinst menger, ech hu kee Problem, wann d'Chamber déi Motioun do unhëlt, well dat ass dat, wat mer, wéi gesot, souwiesou am Moment maachen.

Dann déi Fro zu dem Programm Thales. Do ass et de Moment vill ze fréi, fir iwwerhaapt eng Ausso ze





maachen, well dat steet de Moment nach net un, mee dat sinn awer natierlech Froen, déi mer eis musse stellen. Déi si jo och gestallt ginn. Dat kann een diskutéieren, mee op alle Fall de Moment nach net decidéieren.

Dat hei ass och e Projet, deen näischt ze dinn huet mat där ganzer Approche vum „soldat du futur“, déi jo och ugeschwat gouf. Ech mengen, et war d'Madamm Mutsch, déi dat opgeworf huet. Dat beanträchtegt an deem Sënn och guer näischt par rapport zu deem Projet.

Da kommen ech zu deene méi allgemenge Saachen. Natierlech, et kann ee sech d'Fro stellen: Brauch een eng Arméi oder brauch ee keng Arméi? Ech mengen, d'Madamm Oberweis - an ech respekitéieren dat - an hir Partei si warscheinlech der Meenung, datt mer keng Arméi brauchen, ausser vläicht, fir zu Lëtzebuerg zivill Aktiounen ze maachen oder ze hëllef bei zivillen Aktiounen, fir do e bëssen eng Verstärkung ze ginn. Ech kennen Är Approche. Ech hu mam Här Baum och schonn eng Kéier déi Diskussioun gehat. Ech hunn ni esou eng richtig Erklärungs kritt, wéi da fir déi Lénk - dat géif mech emol eng Kéier interesséieren -, wa se der Meenung sinn, datt mer eng Arméi brauchen, wéi déi soll ausgesinn, wéi se soll ekipéiert sinn a firwat genau se soll do sinn. Dat wär vläicht eng Kéier interessant, wann Der eis dat eng Kéier kéint matdeelen.

Den Här Baum hat mer deemools de Walprogramm zitéiert vun deene Lénken. Ech sinn deen och noliess gaangen. Ech hunn dat eng Kéier hei zitéiert. Ech mengen, do musse mer eis awer eens sinn, datt dat awer e bëssen dürfteg ass. Do stinn zwou, dräi Zeilen doriwwer. Dat geet jo awer net grad duer, wann een dat wëllt diskutéieren, ausser, wéi gesot, Dir sot mer: „Mir mengen, et sollt een d'Arméi ofschafen.“ Ech weess net, ob dat Är Meenung ass, datt mer guer keng brächten. Ok, dann ass dat eng Meenung. Ech hunn déi net. Ech mengen, och heibannen deelen déi meescht déi net.

Dat ass eng Positioun, déi ee kann hunn, mee da muss een déi motivéieren an da muss een dat och esou soen. Wann een awer net där Meenung ass, a vu datt ech net där Meenung sinn an déi meescht heibannen, mengen ech, och net där Meenung sinn, da muss ee sech natierlech d'Fro stellen: Firwat ass déi Arméi, déi mir hunn, do? An déi huet natierlech méi Missiounen.

Si huet natierlech Missiounen heiheem, d'Protektioun vun eisem eegenen Territoire heiheem. Et sinn Defensemisiounen, déi se huet. Si huet och Missiounen heiheem fir ze hëllefen. Dat hu mer jo gesinn a leschter Zäit: an der Pandemie, bei Iwwerschweemungen, bon, ech kéint elo och nach Beispiller opziele vun ausserhalb vu Lëtzebuerg, Krisengebieder, wou méi am ziville Beräich Evakuatiounen ze maache sinn, wat weess ech? Dat ass eng Missioun.

An dann natierlech komme Missiounen niewent där, datt een heiheem wëllt den Territoire protegéieren. Mir si jo en Deel vun der Europäescher Unioun a mir profitéiere jo och vum Schutz, dee gemeinsam an der Europäescher Unioun oder och an der NATO decidéiert gëtt. Mir profitéieren dovun an da kënnen mer jo net soen: „Gutt, maacht Dir alles, datt mir hei ofgesécher sinn!“ Well ech mengen, Dir gitt mer awer mindestens do Recht: Als klengt Lëtzebuerg eleng an där Welt, an där mer liewen, an där globaliséierter Welt, an där mer liewen, kënnen mer eis net eleng verteidegen! Dat wär relativ komplizéiert.

A mir hunn och an der Geschicht scho missen zweemol selwer um eegene Leif erfueren, ganz schlëmm, am leschte Joerhonnert, wat et heescht, wann een eng kleng Natioun ass an et ass een net an enger Europäescher Unioun agebett an et gëtt een iwwerfall, wéi dat zweemol am leschte Joerhonnert duerch Nazidäitschland geschitt ass. Do ware mer jo och alleguer frou, datt aner Natiounen herno gehollef hunn, datt mer erëm befreit gi sinn an datt mer d'Fräiheet erëm zrëckkritt hunn.

Duerfir, mir als Lëtzebuerg hunn en Interêt, agebett ze sinn an engem Europa, wou sech fir d'Defense interesséiert gëtt an och doriwwer eraus, international. An da musse mer natierlech do och eise Bäitrag leeschten. Da kënnen mer jo net soen: „Maacht Dir alles a mir maachen näischt!“ A wann Der dat hei kuckt - mir striewe jo un, 0,72 % vum PIB auszegi fir d'Defense -, heescht dat, mir sinn d'Schlusslicht an der Europäescher Unioun an och an der NATO. Mee mir maachen dat awer, well mer dervun iwwerzeegt sinn, datt mer mussen do e Bäitrag leeschten.

An dann ass et jo och esou: Wann een dann natierlech eng Arméi huet, an déi soll agebett sinn an internationalen Organismen, an Auslandsasätz fanne jo natierlech statt am Kader vum internationale Recht, hein - mir hunn de Moment keng eng Missioun, déi net ënnert dem internationale Recht stattfënnt -, da muss een natierlech déi Zaldote jo och ekipéieren. An Dir verstitt jo och, datt natierlech déi Zaldoten net kënnen an eng Missioun goen, an iergendeen Theater goen iergendwou, an deem se, wat weess ech, am Trainingskostüm ronderëm lafen. Dat heescht, si mussen esou ekipéiert

sinn, datt se och dora passen. An dat sinn nun emol Gefierer, déi se och brauchen, an och verschidden aner Saachen, fir datt se do kënnen mathalen.

Also, dat ass d'Approche, déi mir hunn, an ech mengen, datt dat déi ass, déi och vun enger ganz grousser Majoritéit, wëll ech awer soen, hei am Land gedeelt gëtt. Dovu sinn ech fest iwwerzeegt.

An déi Fro vum Klimawandel: Ech notzen hei net iergendeppes fir de Klimawandel, oder fir ze rechtfertegen, wat ech wëll maachen. Mir hunn eng transparent Presentatioun an der Kommissioun gemaach. An déi ass emol fir d'éischt iwwerhaupt eng Kéier gemaach ginn, a mat Norwegen a mat dem Vereenegte Kinnekräich si mir elo dat drëtt Land, et gëtt nëmmen dräi Länner op der Welt, déi deen Exercice iwwerhaupt gemaach hunn.

An et ass eng wichteg Approche - och wa mer wëssen, datt mer hei natierlech schwéier Gefierer am Asaz hunn, well dat geet net aneschtens, wéi mat schwéier Gefierer an der Defense ze schaffen -, et ass awer wichteg, datt mer eis derfir interesséieren, datt natierlech gekuckt gëtt, do e Maximum ze maachen, fir ze reduzéieren an och do déi nei Techniken ze férdere, déi eis kënnen hëllefen, datt mer do méi energieeffizient an esou weider ginn.

Mee et ass kloer, an ech hunn och nach ni eppes aneres gesot: E Panzer oder e schwéiert Gefier ass e schwéiert Gefier, an dat huet natierlech een heftege Footprint. Mee wéi gesot, bis op Weideres gëtt et do nach näischt aneres, a wann et eng Kéier eppes aneres gëtt ...

Duerfir wëlle mer och e gudden Deel an d'Recherche ginn an der Defense, fir ënner anerem zum Beispill an den alternative Carburanten ze fuerchen. An do denken ech bei esou Gefierer manner un Elektrogefierer wéi éischter un de Waasserstoff, als Beispill. Et gëtt jo och un Alternative geschafft. An alles, wat an der Defense hei kann investéiert ginn, fir Alternativen ze entwéckelen, kann herno jo och am ziville Sektour selbstverständlech genotzt ginn.

Also, dat ass net eng Rechtfertegung. Dat ass eng éierlech, transparent Approche, zu där ech och absolutt stinn a un där ech och weider wëll schaffen.

An esou ass och déi ganz Approche. Wéi gesot, et muss kee mat mir averstane sinn. Et muss och kee mat deem averstane sinn, wat mer hei maachen. Ech sinn der Meenung, an där komplexer Welt, an där mer liewen, mat deene Sécherheetsproblemer, déi mer hunn, a mir erliewen se all Dag - kuckt lech déi Diskussiounen un, déi de Moment lafen an der ukrainescher Grenz, wann Der d'Press e bësse gelies hutt déi lescht Deeg, dat ass net ohne, wat sech am Moment do ofspillt - da soen ech lech: E Lëtzebuerg eleng, ouni Defense, ouni agebett ze sinn, an engem internationalen Agonismus, an deem Lëtzebuerg géif ech eis net wënschen ze liewen.

Merci fir déi breet Zoustëmmung.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Här Verdeedegungsminister François Bausch. Parole après ministre fir den Här Félix Eischen.

■ **M. Félix Eischen (CSV).** - Jo. Här Minister, Dir hat op eng Fro vum Här Halsdorf net geäntwert, déi mech nawell géif interesséieren. En hat gefrot, wat Der mat deenen alen Hummeren a mat deenen Dingoe maacht.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.** - A, pardon. Jo.

■ **M. Félix Eischen (CSV).** - Ech ka mer jo kaum virstellen, dass déi um fräie Marché ...

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.** - Nee.

■ **M. Félix Eischen (CSV).** - ... erëmfefanne wäeren.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.** - Nee.

■ **M. Félix Eischen (CSV).** - A wat erwaart sech de Lëtzeburger Staat do nach als Retour?

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.** - Also, mir schaffen och do mat der NSPA zesummen. Mir si jo net habilitéiert, oder à même, iwwerhaupt ze kucken, wat ee genau domadder mécht, mee mir schaffe mat der NSPA zesummen. An et gëtt zwou Méiglechkeeten: Entweder gi se iwwert d'NSPA verkaaft oder verschenkt. Also, verschenkt am Sënn, datt mer se Länner géife ginn, bei deene mer mengen, datt déi nach eppes dermat kënnen maachen, Partnerlänner, wat och ëmmer. Mee dat leeft iwwert d'NSPA. Dat organiséiere mir net selwer.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7852. Den Text steet am Document parlementaire 7852<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7852 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Da maache mer de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss an de Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmmen bei 4 Nee-Stëmmen uegholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Diane Adehm), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Georges Engel), Mmes Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**Motion 1**

Da komme mer nach zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräfen? D'Madamm Stéphanie Empain.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng), rapportrice.** - Jo, merci, Här President. Ech maache lo mol eppes, dat vläicht net jiddereen erwaart hätt. Mir wäeren effektiv och disposéiert, dës Motioun matzedroen. Ech wollt just nach e puer Erklärungen ginn.

An ech wollt just soen, dass dat, wat an dem Invite steet, e bësselchen den Androck gëtt, wéi wa sech hei am Kader vun dësem Projet keng Gedanken doriwwer gemaach gi wieren. A wéi den Här Minister grad gesot huet, steet et och am Rapport vum Projet de loi - dat hu mer dran integréiert -, dass extra 50 Milliounen Euro agerechent gi si fir d'Moderniséierung während dem ganze Liewenszyklus vun dëse Gefierer. D'Zil vum ganze Projet war jo och dat, op e Modell ze setzen, fir dee mer vill méi laang kënnen Stécker bezéien, fir deen den Approvisionnement garantéiert ass.

Bon. Dovun ofgesinn ass dës Motioun jo elo net just op dëse Projet bezunn, mee allgemeng. Bon, ech mengen, do huet souwiesou keen en Interêt drun, Gefierer éischter ofzeginn, wéi et eigentlech néideg ass a Geld zur Fënster erauszegeheien. Do fir gëtt et eigentlech och kee Grund, dës Motioun net matzedroen.

Dat Eenzezt, wat een dann nach misst vläicht soen, ass: Wat ass laangfristeg? Ech mengen, wann einfach drasteet „laangfristeg“, wat ass dat? 15, 20, 30, 50 Joer? Doriwwer kann ee streiden, mee ech mengen, den Esprit vun der Motioun war deen, fir ze soen, dass ee sech bei all zukünftige Projet genau déi Gedanke muss maachen, déi sech hei am Kader vun dësem Projet gemaach gi sinn, an déi Iddi kënnen mir op alle Fall matënnerstëtzen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Empain. Dann huet den Här Jean-Marie Halsdorf d'Wuert gefrot.

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Jo. Mir kënnen eis deem nëmmen uschléissen. Et ass evident, dass ee, wann een esou e Projet mécht, an hei hu mer et jo elo bewise kritt bei dësem Projet, muss nohalte denken an een an deem Sënn muss esou plangen, soudass dat op der Hand läit. Et ass scho bal superfetatoire, dat heiten, an engem gewësse Sënn. Et ass evident, dass een et esou muss maachen. Awer ech fannen dat richtig a mir wäerten dat och matstëmmen, wann e Vott sollt stattfannen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Halsdorf. Den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Also, mir wäerte se net matstëmmen, well mer bekanntlech net esou waarm si fir dat neit Material. Mee ech sinn awer e bëssen erstaunt, dass d'Majoritéit et matstëmmt, well och wa mir dat Gesetz net

matstëmmen, si mir awer ëmmer dovun ausgaangen, dass de Minister dat dote souwiesou scho gemaach huet. Et war elo keen neit Element fir eis an där Motioun. A sech wär se wierklech, wéi den Här Halsdorf gesot huet, iwwerflësseg, well all déi Jore si mir elo dovun ausgaangen, dass op eng laang Zäit, bei Satellitten, Fligeren, alles, dat gemaach ginn ass.

■ **Une voix.** - Mir och.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Duerfir sinn ech elo op eemol iwwerrascht, dass Der sot „net“, Dir fänkt elo dermat un.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Dann hat d'Madamm Stéphanie Empain nach d'Wuert gefrot, an da ginn ech duerno d'Wuert nach eng Kéier un den Här Minister.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng), rapportrice.** - Jo, ech wollt just soen, dass mengem Verständnis vun esou Motiounen no déi jo net just fir dës Legislaturperiod gëllen, mee fir d'ganz Zukunft. A sou frou mer natierlech wieren, e gréngen Defenseminister déi nächst 50 Joer ze hunn, gi mer hei einfach emol dervun aus, dass dat iergendwann eng Kéier kéint änneren, an da si mer frou, dass mer dat awer op d'mannst aktéiert hunn.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Dat wäerte mer eis fir déi nächst Motiounen mierken! Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Empain. Dann den Här Verdeedegungsminister François Bausch.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.** - Här President, ech sinn erstaunt doriwwer, datt en Deputéierten heibannen et komesch fënnt, wann den zoustännege Minister, wann eng Initiativ geholl gëtt fir eppes, wat effektiv zwar gemaach gëtt vun deem heite Minister, wat en awer prinzipiell gutt fënnt, da konstruktiv seet, d'Chamber soll dat unhuelen. Ech sinn erstaunt doriwwer. Ech war als Deputéierten hei ëmmer frustréiert, well ech kann lech soen, ech war laang Oppositionsdeputéierten, an do ass ni eng eenzeg Motioun uegholl gi vun der Opposition!

**(Brouhaha)**

■ **Plusieurs voix.** - O!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bausch.

Da kënnen mer elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen.

**(Brouhaha)**

Da maache mer de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss an dës Motioun ass mat 55 Jo-Stëmmen bei 4 Nee-Stëmmen uegholl.

*Résultat définitif après redressement : la motion est adoptée par 56 voix pour et 4 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Félix Eischen), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Jean-Paul Schaaf), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Cécile Hemmen (par Mme Lydia Mutsch) et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung fir haut ukomm. D'Chamber kennt muer de Mëtten um zwou Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

**(La séance publique est levée à 19.27 heures.)**



**Sommaire**

- Ouverture de la séance publique**
  - M. Fernand Etgen, Président
- Ordre du jour**
  - M. Fernand Etgen, Président
- Dépôt d'une motion par M. François Benoy**
  - Exposé : M. François Benoy
- 7632 - Projet de loi portant transposition de la directive (UE) 2018/1972 du Parlement européen et du Conseil du 11 décembre 2018 établissant le code des communications électroniques européen et portant modification de la loi modifiée du 30 mai 2005 portant : 1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation ; 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État**
  - Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications : M. Pim Knaff
  - Discussion générale : Mme Viviane Reding (dépôt des motions 1, 2 et 3) - Mme Lydia Mutsch - M. Marc Hansen - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. le Premier Ministre Xavier Bettel et M. Mars Di Bartolomeo) - M. Marc Hansen (parole pour fait personnel) - M. Fernand Kartheiser - Mme Nathalie Oberweis - M. Sven Clement
  - Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre de la Digitalisation
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
  - Motions : M. Pim Knaff - M. Sven Clement (intervention de M. le Premier Ministre Xavier Bettel) - Mme Viviane Reding
  - Vote sur la motion 1 (rejetée)
  - Vote sur la motion 2 (rejetée)
  - Vote sur la motion 3 (rejetée)

- Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des résultats de la 26<sup>e</sup> Conférence des parties à la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques dite COP26**
  - Exposé : M. Paul Galles
  - Débat : M. Max Hahn - Mme Cécile Hemmen - M. Carlo Back - M. Fred Keup - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen (dépôt des motions 1 et 2)
  - Prises de position du Gouvernement : Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable - M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) - M. le Ministre Claude Turmes (intervention de M. Fernand Kartheiser)
  - Motion 1 : M. Paul Galles - M. Fred Keup - M. François Benoy - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen - M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie
  - Vote sur la motion 1 (rejetée)
  - Motion 2 : M. François Benoy - M. Fred Keup - M. Paul Galles - M. Marc Goergen - M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie
  - Vote sur la motion 2 (rejetée)
- Motion de M. François Benoy relative à l'action gouvernementale en matière d'énergie nucléaire**
  - Discussion générale : M. Paul Galles - M. Fernand Kartheiser - M. Marc Goergen
  - Prise de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre)
  - Vote sur la motion (adoptée)
- 7788 - Proposition de loi portant modification du livre IV du Code de la sécurité sociale en vue d'augmenter le montant de**

- l'allocation familiale et d'introduire une allocation complémentaire pour familles nombreuses**
- Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration : M. Marc Spautz
  - Discussion générale : M. Marc Spautz - M. Max Hahn - Mme Simone Asselborn-Bintz - Mme Djuna Bernard - M. Fred Keup - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen
  - Prise de position du Gouvernement : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration - M. Fred Keup (parole après ministre)
  - Vote sur l'ensemble de la proposition de loi (rejetée)
- 7789 - Proposition de loi portant modification : 1<sup>o</sup> du Code du travail ; 2<sup>o</sup> du Code de la sécurité sociale ; 3<sup>o</sup> de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ; 4<sup>o</sup> de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux**
  - Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration : M. Marc Spautz
  - Discussion générale : M. Marc Spautz - M. Max Hahn - Mme Simone Asselborn-Bintz - Mme Djuna Bernard - M. Fred Keup - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen
  - Prise de position du Gouvernement : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration
  - Vote sur l'ensemble de la proposition de loi (rejetée)
- Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Corinne Cahen, Mme Carole Dieschbourg et M. Claude Turmes, Ministres.**

*(La séance publique est ouverte à 14.02 heures.)*

**1. Ouverture de la séance publique**

- **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?
- **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Nee, Här President, dat ass net de Fall.

**2. Ordre du jour**

- **M. Fernand Etgen, Président.**- Wat den Ordre du jour vu muer ugeet, gött op Ufro vun der Regierung proposéiert, d'Aktualitéitsstonn vun der Sensibilité politique ADR iwwert de Verbuet vum Verbrennungsmotor, deen als leschte Punkt um Ordre du jour steet, als drëtte Punkt no der erweiterter Fro Nummer 122 vum Här Laurent Mosar virzegesinn. Ass d'Chamber domadder averstanen?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

- **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Ech hat just virdu vergiess, ech wollt mech offiziell bei lech entschëllegen. Ech hu gesinn, dass muer de Mëtteg och d'Froestonn ass. Ech hunn do eng international Verfflichtung an ech kann net do sinn. Ech wollt mech dann och offiziell virun dësem héijen Haus entschëllegen.

- **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Premierminister.

**3. Dépôt d'une motion par M. François Benoy**

Da géif ech d'Wuert ginn un den Här François Benoy fir den Depot vun enger Motioun.

**Exposé**

- **M. François Benoy (déi gréng), auteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, et ass eng Motioun, déi ech deposéieren, wou et ëm Atomenergie geet.

**Motion**

*La Chambre des Députés,*

*- vu les motions adoptées par la Chambre des Députés en date du 7 avril 2011, du 5 mai 2011, du 1<sup>er</sup> février 2012, du 27 mars 2012, du 19 janvier 2016 et du 26 mai 2020 au sujet du nucléaire ;*

*- rappelant que l'accident nucléaire de Tchernobyl, en 1986, a démontré que même des pays lointains comme le Luxembourg, pourtant situé à 1.700 km, peuvent être impactés en cas d'accident grave et qu'un accident grave à proximité immédiate entraînerait non seulement de lourdes conséquences pour notre population, mais constitue une menace pour notre souveraineté voire pour l'existence du pays ;*

*- considérant que le risque associé aux installations nucléaires augmente aussi bien avec le nombre de réacteurs en opération qu'avec l'âge d'exploitation, âge qui dépasse déjà en moyenne les 31 ans au niveau mondial et les 35 ans en Europe ;*

*- rappelant que le Luxembourg s'est donné en 2020, en prévision d'éventuels accidents nucléaires mêmes mineurs, un régime légal en matière de réparation des dommages causés par un accident nucléaire impactant notre territoire et notre population ;*

*- considérant qu'un autre problème majeur de la technologie nucléaire reste la gestion des déchets hautement radioactifs, qui resteront dangereux pendant des milliers d'années ;*

*- estimant qu'une technologie qui fournit de l'énergie pendant quelques décennies en produisant des déchets dangereux pendant des millénaires est le contraire d'une technologie verte et durable ;*

*- se réjouissant de la diminution du nombre de réacteurs nucléaires dans nos pays voisins, notamment de la fermeture du dernier réacteur allemand dans 12 mois, du plan de sortie du nucléaire en Belgique qui prévoit une première fermeture dans 10 mois (Doel) et une deuxième dans 14 mois (Tihange), de la fermeture des deux plus anciens réacteurs français en 2020 (Fessenheim) et de la fermeture prévue d'au moins 12 autres jusqu'en 2035 ;*

*- rappelant que l'évolution réelle de l'énergie nucléaire au cours des dernières décennies prouve clairement que la prolongation tout comme la multiplication du nombre de réacteurs ne font qu'augmenter le risque d'accident et le problème des déchets radioactifs, que les avantages hypothétiques des nouveaux concepts désignés par « Small Modular Reactor (SMR) » restent non prouvés et que le développement du nucléaire constitue par ailleurs un obstacle à la transition énergétique ;*

*- constatant que même si les SMR se révéleraient être sûrs et moins chers, ils n'auraient qu'un impact tardif et très limité sur la production d'énergie et les émissions de CO<sub>2</sub>, à moins d'en construire plusieurs milliers endéans 10-15 ans, plus de 400 réacteurs actuels ne fournissant que 4,3 % de l'énergie primaire mondiale ;*

*- convaincue que d'un côté la technologie électronucléaire reste indissociable des problèmes et des coûts reportés aux générations futures tout comme des risques sanitaires et environnementaux considérables et que, de l'autre côté, elle est également trop coûteuse et trop lente à mettre en place pour pouvoir constituer un remède à l'urgence climatique ;*

*- rappelant que le Luxembourg a clairement pris position contre la distorsion de concurrence en défaveur des énergies renouvelables en appuyant le recours en annulation de l'Autriche contre la décision de la Commission européenne relative à l'approbation du subventionnement de la centrale nucléaire « Hinkley Point C » au Royaume-Uni ;*

*- considérant que la taxonomie verte européenne opère une classification des différentes activités économiques selon leur niveau de durabilité environnementale et vise à réorienter les flux d'investissements économique et financiers vers les activités les plus favorables à la transition écologique et la lutte contre le réchauffement climatique ;*

*- vu la bonne collaboration entre les Gouvernements luxembourgeois et autrichien en ce qui concerne le nucléaire ;*

*- vu la déclaration commune pour une taxonomie européenne sans nucléaire signée par l'Autriche, le Danemark, l'Allemagne, le Portugal et le Luxembourg en marge de la COP26 de Glasgow ;*

*- vu qu'une décision européenne sur la classification de l'énergie nucléaire est imminente ;*

*- convaincue que l'énergie nucléaire n'est pas une technologie écologiquement durable, qu'elle est incompatible avec le principe du « Do no significant harm » du règlement sur la taxonomie de l'UE et qu'une classification des activités liées à l'énergie nucléaire comme activités durables doit être évitée ;*

*- craignant par ailleurs que l'inclusion de l'énergie nucléaire dans la taxonomie portera atteinte à l'intégrité, la crédibilité et donc à l'utilité de cet instrument important,*

*invite le Gouvernement à*

*- continuer à suivre attentivement les développements en matière nucléaire dans nos pays voisins, en Europe et au niveau international ;*

*- continuer à user de tous les moyens politiques et juridiques, ensemble avec d'autres gouvernements opposés au nucléaire tel que le gouvernement autrichien, pour éviter un classement des activités liées à l'énergie nucléaire comme « durables » dans la taxonomie verte européenne et pour éviter toute distorsion de concurrence en défaveur des énergies renouvelables.*

*(s.) François Benoy, Georges Engel, Max Hahn, Cécile Hemmen, Josée Lorsché.*

- **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

- **M. François Benoy (déi gréng), auteur.**- Déi dréit och d'Ënnerschrëft vun de Gréngen, vun de Sozialisten a vun der Demokratescher Partei.

Mir wëssen, dass op ons e ganz groussen Challenge duerkënnt, fir dass mer déi Transitioun a Richtung Klimaneutralitéit hikréien. Däitschland klëmmt an den nächste Méint aus der Atomenergie eraus. An der Belsch ass dat an den nächste Jore geplangt an och a Frankräich geet d'Richtung op alle Fall dohinner.

An de leschte Woche gouf d'Atomenergie awer ëmmer erëm als Léisung duergestallt an de verschiedenen Diskussiounen, international op der COP zum Beispill, op europäeschem Niveau, an der ganzer Diskussioun ronderëm d'Taxonomie, also, ob Atom an domadder och déi verbonnen Aktivitéiten als nohalteg agestuuft ginn an domadder och fir gréng Finanzinvestissementer an nach méi Subsiden eventuell géifen a Fro kommen.

Och a Frankräich ass et, wéi gesot, eng grouss Debat, ob dann net awer d'Atomenergie eng Léisung kéint sinn am Klimawandel. Frankräich war och dat Land mat deene Prominentesten, déi op der COP do derfir geschwat hunn. An da gött et natierlech och déi ganz Diskussioun ronderëm d'Minireakteren.

Fir ons ass et ganz kloer an ech soen et dofir och ganz daitlech: Atomenergie ass keng Solutioun! Tschernobyl a Fukushima hunn et gewisen: D'Atomenergie kann enorm Schied urichten an e Supergau zu Cattenom kann déi ganz Existenz vu Lëtzebuerg futtimaachen.

D'Moyenne vun den Atomzentralen an Europa läit bei 35 Joer, a wat eng Atomzentral méi al ass, wat se och méi geféierlech ass. D'Erfahrung huet gewisen: Atomtechnologie ass immens deier a se gött och ëmmer méi deier. Se ass och souwisou vill ze lues, fir dass mer eis Klimaziler géifen erreechen, well do brauche mer nämlech elo Solutiounen, fir d'Emissiounen massiv ze reduzéieren.

Dofir kënnen och Minireakteren, déi am Moment och emol um Pabeier iwwerhaapt net prett sinn, keng Wonnerléisung ginn. Souwisou géife mer der Dausenden do dervunner brauchen, wat erëm ganz aner Problemer géif mat sech bréngen. Dann hu mer nach déi ganz Problemer mat de sécheren Endlager fir nuklearen, fir radioaktiven Offall, wou mer ëmmer nach, obwuel et déi Technologie scho säit Joerzéngte gött, keng Solutioun hunn.

Här President, Dir Dammen an Hären, Lëtzebuerg ass géint Atomenergie an dat war och bis elo ëmmer an der Politik, an hoffentlech bleift dat esou, de Konsens zu Lëtzebuerg, grad ewéi an der Zivillgesellschaft an och bei der Populatioun a mir hunn dat hei am Haus ëmmer erëm a verschiddene Motiounen festgehalen. Mir hunn d'lescht Joer d'Atomhaftungsgesetz gestëmmt an och d'Regierung huet sech op internationalem Niveau ganz staark dofir agesat. Ech huelen als Beispill de Recours géint d'Subventionéierung vun der Atomzentral Hinkley Point C, de ganzen Engagement, deen d'Chamber awer och d'Regierung hat géint e belscht Atomendlager hei un der Grenz, awer och ganz rezent d'Deklaratioun, déi Lëtzebuerg op der COP gemaach huet zesumme mat Eisträich, Dänemark, Däitschland, Portugal, dass Atomenergie net an d'europäesch Taxonomie däréf erakommen.

Firwat ass dat esou wichteg? Ma bei der grénger europäescher Taxonomie geet et am Fong ëm d'Klassifikatioun vun der Nohaltegkeet fir ekonomesch Aktivitéiten. Et ass en Instrument, wat also déi ekonomesch Investissementer an och d'Finanzstréim soll reorientéieren. Dofir ass dat en immens wichtegt Instrument fir d'ekologesch Transitioun an och e wichtegt Instrument géint déi global Ärdewiermung. Atomenergie ass net nohalteg an ass geféierlech an dofir gehéiert se op kee Fall an déi Taxonomie eran. Wann d'Atomenergie nämlech an der Taxonomie dra wär, da géif dat d'Entwécklung vum den Erneierbaren och bremsen.

Well awer elo eng Decisioun op europäeschem Niveau usteet, déi eminent ass, appelléiere mir an där Motioun, déi ech grad deposéiert hunn, un d'Regierung, fir d'Efforte bei den Nopeschlänner, an Europa an och international géint d'Atomenergie konsequent weiderzeféieren an och all politesch a juristeschen Moyenen anzesetzen, och zesumme mat de Partner op dëser Fro, fir sech géint de Klassement vun der Nuklearenergie als nohalteg Aktivitéit an der europäescher Taxonomie anzesetzen.

Wéi mir dat och hei am Haus, op deem heiten Dossier op alle Fall mol, gewinnt sinn, hoffen ech op eng breet Ënnerstëtzung vun där Motioun, déi ech grad deposéiert hunn, a soen lech alleguerter villmools Merci fir d'Nolauschteren.

- **Plusieurs voix.**- Très bien!





■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Benoy.

#### 4. 7632 - Projet de loi portant transposition de la directive (UE) 2018/1972 du Parlement européen et du Conseil du 11 décembre 2018 établissant le code des communications électroniques européen et portant modification de la loi modifiée du 30 mai 2005 portant : 1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation ; 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Den éischte Punkt um Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 7632 iwwert d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv am Kader vun den elektronische Kommunikatiounen.

An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dem Projekt de loi, den honorabelen Här Pim Knaff. Här Knaff, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

■ **M. Pim Knaff (DP), rapporteur.**- Här President, léif Kolleginnen a Kollegeen, wéi mir all wëssen, huet sech de Secteur vun den Informatiouns- a Kommunikationtechnologien iwwert déi leschten 20 Joer extrem verännert. Während déi traditionell Medie wéi de Radio an d'Televisioun lues a lues u Gewicht verluer hunn, sinn d'Onlinemedien ëmmer méi an de Virdergrond geréckelt. Et ass dofir wichteg, souwuel den europäesche Kader wéi och déi national Gesetzgeber reegelméisseg un d'Evolution vum Marché an den neien Technologien unzepassen.

Vun 2002 bis 2018 gouf den Telecomsektor op europäeschem Niveau vu véier separaten Direktive reguléiert. Sou goufen déi legal Kadermesuren, den Accès op d'Netzwerker, de Service universel an d'Autorisatioun fir d'Fournisseure jee weils an engem vun de véier Texter gereegelt.

2018 huet d'Europäesch Kommissioun dunn decidéiert, déi véier Direktiven ze moderniséieren an ënert der Form vun enger Directive unique ze publizéieren. Déi verschiddenen Artikelen goufen also an engem grouse Wierk regroupéiert: de sougenannte Code des communications électroniques. D'Zil vun der Direktiv 2018/1972 ass et, en eenheetleche Kader fir d'Reguléierung vun den elektronische Kommunikatiounsdéngschter an Netzwerker ze schaffen, den d'Realitéit vum europäesche Marché erëmspigelt.

Et ass allerdéngs wichteg ze erwänen, dass sech d'Direktiv net op den Inhalt vun den elektronische Kommunikatiounsservicer applizéiert. D'Contenue vun enger Radiosendung oder engem Télésprogramm ginn also natierlech net heiduerch gereegelt.

De virleiende Gesetzesprojekt huet als Objet, den neie Code des communications électroniques an d'nationaalt Recht ëmzesetzen. Engersäits wäerte mir dofir d'Gesetz vum 30. Mee 2005 iwwert den ILR modifiéieren an anerersäits d'Gesetz vum 27. Februar 2011 iwwert déi elektronesch Netzwerker an d'Kommunikatiounsdéngschter abrogéieren.

Dëse Projet de loi verfollegt dobäi véier konkret Ziler:

Éischtens soll d'Mise en place vun neien Héichgeschwindegkeetsnetzer vereinfacht ginn, andeems de Staat déi néideg Konditiounen fir eng fair Konkurrenz assuréiert.

Hei d'neift sollen d'Reegelen iwwert d'Verdeelung vun de Frequenznotzungslizenzen méi kloergestallt ginn. Duerch eng besser Planungssécherheet sollen d'Operateuren derzou motivéiert ginn, an den Ausbau vum 5G-Reseau ze investéieren.

Drëttens wëllen d'Auteurs garantéieren, dass jiddwereen Zougang op e schnellen Internetservice huet, an dat zu engem abordabele Präis.

Zu gudder Lescht soll dann och de Konsumenteschutz gestärkt ginn, andeems een d'Tariffer vun den Telecomskontrakter méi transparent gestalt an de Verglach tëscht den Offeren vun zwee Providere méi einfach mécht.

Ouni ze vill an d'Detailer ze goen, presentéieren ech lech déi eenzel Punkte vun dem Projekt de loi, déi gréisstendeels aus dem europäeschen Text iwwerholl goufen.

Déi éischt a wichtegst Modifikatioun betrëfft déi sougenannten Over-the-Top-Players oder OTT.

#### (Interruption)

Et handelt et sech heibäi ëm Ubidder vun Telekommunikatiounsservicer, déi net un de System vun der Numerotatioun gebonne sinn. Heirënnert falen zum Beispill Messenger-Servicer wéi de WhatsApp, de Facebook-Messenger oder Applikatiounen fir Video-Urlaff wéi Skype.

An Zukunft wäerten dës Servicer ënnert déi nämmelech Reegelen fale wéi déi klassesch Telekommuni-

katiounsservicer, also wéi d'SMSen an d'Urlaff. Engersäits musse si dem ILR, dem Institut luxembourgeois de régulation, gewëssen Informatiounen matdeelen a sech de reegelméisseg Auditte vum Kontrollorgan ënnerwerfen. Anerersäits musse si a verschiddene Fäll d'Interconnectivité tëschent hiren an de klassischen Telecomsdéngschter assuréieren.

D'Direktiv an dëse Projet de loi ginn ausserdeem vun enger ex-post-Regulatioun op en ex-ante-Contrôle eriwuer. D'Zil vun dëse Mesuren ass et, déi grouss international Firms besser ënner Kontroll ze halen an ze evitéieren, dass sech zu Lëtzebuerg monopolistesche Tendenzen bilden. Et ass wichteg, dass mir eng fair an nohalteg Konkurrenz um Marché behalen, fir de Konsumenten e korrekten a präiswäerte Choix u Servicer ze bidden.

Den zweete Punkt vun dem Projekt de loi schafft eng legal Basis fir d'Mise en place vun Héichgeschwindegkeetsnetzwerker. Den technologesche Fortschritt wäert an Zukunft ëmmer méi schnell a performant Wireless-Systemer ervirbréngen. Knapps hu mir de 5G, da gëtt scho vum 6G geschwat. Mir brauchen also e flexibel Gesetzeskader, den d'Entwécklung vun den nächste Wireless-Generatiounen fërdert a soumat de Prinzip vun der technologescher Neutralitéit respektéiert.

An engem drëtten Punkt ënnerstëtzt a vereinfacht dëse Gesetzesprojekt d'Mise en place vu sougenannte Smallcells. Et handelt sech heibäi ëm relativ kleng a leeschtungsschwach Zougangspunkten op de mobil Reseau. De Konsument wëllt haut zu all Moment op e schnellen Internet kënnen zrëckgräifen, sief dat doheem, op der Aarbecht, am Fitness oder am Supermarché.

Fir dëser Demande gerecht ze ginn, brauche mir zousätzlech Point-d'accès op de mobil Reseau, an dofir wäerten déi kleng Zellen an Zukunft op verschiddenen ëffentlechen Plazen opgehaange ginn. Nieft der Mise en place vun neien Zougangspunkten op de 4G-Reseau vereinfacht dëst Gesetz och den Accès op d'Wifi-Netzwerker. Deemno wäerten all aktuell Zougangsbeschränkungen an Zukunft ewechfalen.

Komme mer elo zum véierten Punkt, der Erweiterung vum Service universel. D'Konzept vum Service universel regroupéiert en Ensembel u Servicer, déi all Bierger muss zur Verfügung gestallt kréien, fir um gesellschaftleche Liewe kënnen deelzehuelen, an dat zu engem abordabele Präis. De Service universel ass also eppes wéi e Sécherheetsfilet, den d'Bierger virun der sozialer Exklusivitéit bewaart. Am Kader vun dem Projekt de loi sollen zwee weider Servicer bei dësen Ensembel derbäikommen, an zwar den Internetaccès an den Accès op e fixen Telefonsreseau.

D'Kommissioun war sech eens, dass e garantéierten Accès op de Service universel sollt am Detail duerchdiskutéiert ginn an eventuell souguer nach legislativ festgehalen ginn. Op d'Fro vu verschiddene Membere vun der Kommissioun huet den SMC eis och confirméiert, dass d'Regierung amgaange wär, e complementairen Text auszuschaffen, fir, wéi gesot, den Accès op dee Service universel ze garantéieren.

Eng weider Fro, déi dëse Projet de loi probéiert ze regelen, ass déi kommerziell Notzung vum elektromagnétesche Wellespektrum. Fir d'alleréisch muss mer sécherstellen, dass d'Verdeelung vun den Droits d'utilisation no objektiven, transparenten a faire Krittären geschitt. Doriwwer eraus muss mer de Bierger eng gewësse Previsibilitéit a puncto Investissement verschaffen.

De Gesetzestext prezisiéiert, dass d'Betriber hir Nutzungsrechte souwuel verkafe wéi och verloune kënnen. Dës Lizenzen mussen allerdéngs eng minimale Durée vu 15 Joer hunn, fir dass de Keefer respektiv de Locataire eng gewësse Planungssécherheet huet.

De leschte Punkt vun dem Projekt de loi betrëfft de Volet vum Konsumenteschutz. D'Offere vun den Telecomsdéngschter sollen an Zukunft méi transparent a verständlech ginn an dofir kommen zwou nei Obligatiounen op d'Operateuren duer: Engersäits musse si de Clienté virun der Konklusioun vun engem neie Kontrakt eng zsummeffaassend Lëscht iwwert déi abegraffe Leeschtungen a Konditiounen zoukomme loossen, anerersäits musse se de Clienten e permanente Suivi vun hirer Consumatioun erméiglechen. Hei donieft wäert den ILR e gratis Tool schafen, mat deem d'Konsumenten d'Präisser an d'Qualitéit vun de verschiddenen Telecomsoffere matenee vergläiche kënnen.

Zu gudder Lescht wollt ech nach emol kuerz op déi verschiddenen Avisen agoen.

Souwuel d'ULC wéi och d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Salariés begreissen, dass de Service universel op d'Internet- an d'Telefonsnetzer erweidert gëtt. Och déi nei Reegelen fir d'Telecomskontrakter gi vun de meeschte Partei gelueft.

D'Chambre de Commerce ënnersträicht ausserdeem, dass de Secteur an Zukunft vun enger méi

staarker Sécurité juridique profitéiert. D'Fërderung vun der Konkurrenz an der Transparenz géif souwuel de Konsumente wéi och de Bierger zeguttkommen.

Nieft dem positive Feedback goufen allerdéngs och e puer Kriticken opgeworf.

D'Chambre des Salariés zweifelt deemno, ob den ILR den néidege Poids huet, fir den Tech-Gigante wéi Facebook a Co nei Reegelen ze imposéieren an déi och ze kontrolléieren.

Am Syvicol ass et virun allem d'Autorité communale an d'Installatioun vun de Smallcells, déi fir Froe suergen.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis zéng Oppositionen formelles ausgesprach, well eenzel Passagé vun der Direktiv net korrekt an hirem Sënn am nationalen Text iwwerholl gi waren oder well verschiddenen Artikelen géifen eng Insécurité juridique duerstellen. A sengen Amendementer huet de Ministère fir Digitalisatioun sämtlech Virschléi vum Staatsrot ugehall, soudatt déi zéng Oppositionen formelles nees konnten opgehewe ginn.

Fir weider Detailer verweisen ech lech op mäi schrëftleche Rapport an ech ginn heimat den Accord vun der demokratescher Fraktioun, net ouni awer alle Membere vun der Kommissioun a surtout hirem President an awer och de Mataarbechter vum Ministère Merci ze soe fir hir virbildlech Aarbecht am Sënn vun dem wichtegen Text. Merci.

#### ■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Rapporteur Pim Knaff villmools Merci a ginn d'Wuert direkt weider un den éischten ageschriwwene Riedner, déi honorabel Madamm Viviane Reding.

Madamm Reding, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- Merci, Här President. Viru Joren, wéi mer nach an enger Telefoniezäit waren a wéi wéineg Konkurrenz um Marché war, ass dat grousst Gesetz komm, fir den Telecomsmarché der Konkurrenz opzemaachen, fir ze kucken, dass d'Telefonie kéint grenzüwwerschreidend an Europa funktionéieren, an dat zu engem erschwéngleche Präis.

Dat war déi grouss Zäit, wou d'Handyen ugefaangen hunn. Haut si mer elo an der zweeter Etapp a mir maachen d'Reform vun der Reform, well haut hu mer nämlech nees e Schratt geholl: Mir sinn aus dem Handyszäitalter eraus an den Internetszäitalter eran an dofir ass et wichteg, dass dat nei Gesetz net nëmmen d'Telefonie reglementéiert, mee och den Internetaccès. Do wou et virdrun e Recht vum Bierger war, fir en Telefonszuschuss ze kréien, gëtt et elo e Recht vum Bierger, fir en Internetschluss ze kréien. Do wou an deem éischte Pak ufangs ganz vill insistéiert gouf op eng Protection des consommateurs, déi et deemools eigentlech nach net esou gouf, si mer elo an enger Verstärkung vum Konsumenteschutz a mir hunn e Batz virun eis leien, eng Hellewull vun techneschen Elementer: d'Notzung vun de Frequenzen, d'Reguléierung ex ante vun deene groussen Entreprene, e puer Gesetzzer an engem an d'Iwwerhuele vun enger Direktiv vun 2018, en Text vun e puer Honnert Säiten. Et war e Marathon an der Kommissioun. Mir hu laang an intensiv dorunner geschafft.

E Merci un de President, de Kolleg Arendt, fir déi Patience, déi e bewisen huet, e Merci un de Staatsrot fir déi vill Aarbecht, déi e gemaach huet, fir den Text ze verbesseren, e Merci un d'Mataarbechter vum Ministère, déi a stonnelaangen, stonnelaangen, stonnelaange Kommissiounssätzungen op all Fro ëmmer eng Äntwert wousten. D'Resultat ass e modernt Gesetz fir dat digitaalt Zäitalter, mat deem mir als CSV selbstverständlech averstane sinn.

Ech brauch net méi op allegueren déi technesch Elementer zrëckzegoen, Här President, well eise Rapporteur, den Här Knaff, dat exzellent gemaach huet. Loosst mech also haaptsächlech op déi Elementer agoen, déi direkt oder indirekt de Bierger oder de Konsument betreffen. Déi Elementer sinn immens wichteg, well mir hu jo alleguer an der Covidzäit gesinn a verstanen, dass et haut am Fong geholl ouni e gutt funktionéierende Internet iwwerhaapt net méi geet fir ze schaffen, fir an d'Schoul ze goen, fir d'Vernetzung vun engem Dokter, vun der Verwaltung, vun der Bank ze hunn. Mir brauchen den Internet als Instrument!

Dofir ass et gutt, dass de Service universel abordable am Gesetz virgeschriwwen ass. Wéi gesot, den alen Text, déi al Gesetzzer hunn dat fir d'Telefonie virgesinn. Elo gesi mer dat och fir den Internetaccès vir. Allerdéngs muss ech soen: Dat ass nëmme fir de Basisaccès, also net fir de ganz rapiden, deieren Internet. Et ass e Service minimum mat engem Débit minimum, mee all Bierger huet d'Recht, deen Uschluss ze kréien. Et ass e Prinzip, an e wichtige Prinzip, dass kee soll vun den Instrumenter, déi eis Societéit funktionéieren dinn, ausgeschloss ginn! Op déi aner Problematik vun de Präisser wäert ech herno nach agoen.

Dann och dat wichteg Kapitel vum Konsumenteschutz: De Rapporteur huet et scho gesot, et ass eng immens Transparenz an de Kontrakter, déi ee virgeluecht kritt. Haut ass et jo Gott sei Dank esou, dass mer Konkurrenz um Marché hunn, dass heescht, de Bierger ka sech déi Offer eraussichen, déi ëm am beschte passt zu deene Präisser. Mee hei mussen net nëmmen de Präis, mee och d'Konditiounen, déi gebuede ginn, genau an deem Abonnement festgeschriwwen ginn, de Präis vum Raccordement allerdéngs net, an do hu mer e Problem.

Här President, ech hat scho virun enger gewësser Zäit, de 14. Oktober, hei op dëser Plaz op déi Problematik higewisen. An den Dokumenter, déi de Leit virleien, kréie se Informatiounen iwwer hiert Abonnement. Si kréien awer keng Informatiounen, wat de Raccordement kascht, an do sinn der e puer, déi erwächen, well do geet et heiansdo iwwer 1.000 Euro, an dat net nëmmen, wann een iergendwou an der Gewan leeft, mee souguer, wann een an der Stad an engem Appartementshaus leeft. Dat selwecht gëtt dann nach eng kéier repetéiert bei deene Leit, déi vill plënnere mussen, wa se vun engem Appartement an dat anert plënnere. Also déi Uschlosskäscht fir de Raccordement sinn net reglementéiert an et si vill Stéit, déi grouss Ae maachen, wa se d'Rechnung gesinn.

Ech zitéieren de Premierminister, den et schonn e puermol gesot huet hei op dëser Tribün: „Et dierf keng geografesch a keng sozial Fro sinn“, huet de Premierminister gesot, „ob ee vum séieren Internet ka profitéieren.“ Also dat, wat mer jo elo virgesinn, de Service universel, ass net fir de séieren Internet. Mee mir hunn awer déi immens Käschtchen, déi do beim Raccordement ufalen, a fir vill Famillje sinn dat vill Suen. An déi brauchen déi, well wann d'Kanner elo nees eng kéier mussen aus der Klass eraus an doheem léieren an d'Mamm an de Papp och doheem schaffen, an den Internet funktionéiert nees net ... Also, Här President, ech si ganz onzefridde mat där Saach do, an ech zitéieren elo zum Beispill och aus dem Paperjam, wou steet: « [...] l'installation que propose Post lorsqu'il appelle les habitants est gratuite. Elle est ensuite facturée, parfois très cher. »

Also do mussen mer wierklech eppes ënnerhuelen, well déi Präisser si franchement net normal an ech mengen, do muss et och eng Zesummenaarbecht ginn, besonnesch an eise méi klengen Uertschaften, mat de Buergermeeschteren a mam Syvicol - ech kucken de President viru mer sëtzen -, fir dass do am Interessi vun de Bierger eng Léisung kënnt.

En anere Problem, dee bis elo keng akzeptabel Léisung fonnt huet, ass de Service après-vente. Ech denken och nees eng kéier un den Homeschooling an den Teletravail: Do sëtze se dann doheem ze schaffen, an hopp geet den Internet net, an da fänkt de Problem un: Et kritt ee keng Äntwert, wann ee protestéiert, a wann ee gären een erbai hätt, kritt ee keen erbai, ... endlos waarden: Jo, geschafft muss awer ginn! Awer den Internet funktionéiert net.

An anere Länner, léif Kolleginnen a Kollegeen, gëtt et eng gesetzlech Léisung. Zum Beispill huet Däitschland e Gesetz gemaach: d'Telekommunikationsmodernisierungsgesetz - déi maache jo ëmmer Nimm, déi e ganze Saz bedeuten. Mee wéi mer dat heiten diskutéiert hunn - an de President aus der Mediekommissioun weess do Bescheid -, hu mer gesot kritt, mer sollten dat net maachen, well an Däitschland géife se eréischt iwwer e Gesetz diskutéieren.

Sou, haut si mer elo an enger anerer Situatioun: Déi Däitsch hunn dat Gesetz, a mir mengen, mir sollten net manner kréie fir eis Leit. Dofir bréngt d'CSV eng Motioun an, an där se seet, dass wann et eng Rupture de service gëtt - net wann et e Cas de force majeure ass, net wann e groussen nationale Problem besteet, Onwieder oder ech weess net wat, mee en normale Problem -, de Service an engem Delai vu 24 Stonnen vun deem Moment un, wou de Consommateur dat gemellt huet, muss retabléiert ginn, ansonst kënnt eng Compensation journalière. Wéi gesot, léif Kolleginnen a Kollegeen, dass ass näischt Neits, dass ass eng Kopie vun deem, wat déi däitsch Konsumenten haut per Gesetz hunn.

#### ■ Une voix.- Très bien!

#### Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant qu'avec l'adoption du projet de loi n° 7632 tous les réseaux et services de communications électroniques seront soumis à un même code des communications électroniques européen, ce qui crée un cadre harmonisé pour la réglementation des communications électroniques et contribue au renforcement du marché unique numérique ;

- considérant que le consommateur se retrouve souvent en position de faiblesse face à un fournisseur de services de communications électroniques lorsqu'il s'agit de faire valoir ses droits, notamment en cas de rupture ou de défaillance du service proposé ;

- considérant qu'un service performant est indispensable pour la vie quotidienne, par exemple dans le





contexte du télétravail ou des consultations médicales en ligne, et qu'il n'est par conséquent pas concevable de devoir attendre plusieurs jours pour le rétablissement du service ;

- *rappelant que des dispositions visant à protéger le consommateur en cas de rupture ou de défaillance du service proposé sont en application dans d'autres pays de l'Union européenne, notamment en Allemagne (cf. « Telekommunikationsmodernisierungsgesetz »),*

*invite le Gouvernement*

- *à mettre en œuvre, en cas de rupture ou de défaillance du service, des dispositions obligeant les fournisseurs de services de communications électroniques à rétablir le service dans un délai de 24 heures à partir de la signalisation par le consommateur du dérangement ,*

- *à mettre en œuvre des dispositions prévoyant des sanctions pour les fournisseurs de services de communications électroniques qui ne respectent pas l'obligation de rétablissement d'une rupture ou de défaillance du service dans un délai de 24 heures (sous la forme d'une compensation journalière à verser au consommateur lésé), sauf en cas de force majeure.*

(s.) Viviane Reding, Émile Eicher, Paul Galles, Martine Hansen, Gilles Roth, Marc Spautz.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Reding.

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- An da kommen ech ganz kuerz op aner Saachen, déi an deem Gesetz ugeschwat ginn an déi elo nei sinn an déi wichteg sinn. Mir kënnen eis jo alleguerten nach un déi Zäit erënnere virun net ville Méint, wéi mer déi Riseniwerschwemmung haten. Do hu mer jo gesinn, datt de Système d'alerte net fonctionéiert huet. D'europäesch Direktiv gesäit awer vir, am Artikel 110, datt all Land muss e Système d'alerte public opriichte fir esou Fäll, déi kënnen passéieren: e Brand, wat och ëmmer. Bei eis war et jo d'Waasser. Dat kann et nees eng Kéier ginn. Mee datt um Handy, um Internet e Système d'alerte besteet, dat steet am Artikel 125 vum Gesetz, an ech géif do de Medieminister froen, wat d'Regierung wëlles huet ze maachen, firdeen Artikel 125 esou séier wéi méiglech an d'Praxis ëmzesetzen. Hoffentlech brauche mer en net, mee fir datt mer en hunn a fir datt d'Bierger informéiert ginn, wann eppes geschitt.

En anert Element, wat ugeschwat ass, ass den Artikel 113 vun der Direktiv: Dat ass d'Interoperabilitéit vun den Autosradioen - do komme jo och ëmmer nei Systemer -, datt, wann ee mam Auto an d'Ausland fiert, déi Interoperabilitéit gutt fonctionéiert. Ech weess, Här Minister, mir zu Lëtzebuerg baue keng Autoen, mee et ass awer gutt, wa mer eis mat den Nopere berachele fir ze kucken, datt Lëtzebuerg net vergiess gëtt, wann esou nei Systemer opgebaut ginn.

An dann - et wär jo komesch, wann ech et net géif soen, well d'CSV ëmmer nees dorobber zrëckkënnt -: Loosse mer eis lokal Radioen net vergiessen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- Wann nämlech e Changement kënnt vun de Frequenzen, da stinn déi am Reen. An eis lokal Radioen - dofir soen ech och „eis“, well et jo am Fong geholl déi si vum Bierger, vun de Gemengen, vun der Kohärenz an eiser Gesellschaft - ...

Kommt, mer ginn eis hei d'Vesprieche iwwert d'Parteien eraus, datt wa Changementer kommen, se net am Ree stoe gelooss ginn a se déi Aidë kréien, well déi kréien nämlech keng Aide à la presse. Déi hu jo keng professionell Journalisten, déi do schaffen. Dat ass jo e rege Vollekssystem. Also loosse mer se net vergiessen a loosse mer eis dat Gespréich ginn!

Sou, wann et elo zu Problemer kënn mat all deene Saachen, déi mer hei gesot hunn, da brauche mer jo een, deen de Mediateur spillt, well wann den Autonormalverbraucher sech un d'Telecom wennt oder un en Internetanbieter, dann ass e relativ kleng a verluer. Dofir hu mer e Mediateur, an zwar den Institut luxembourgeois de régulation, deen d'Aufgab huet, zwëschent onzefriddene Konsumenten an den Telcombeträiber ze vermëttelen. Am Joer 2020 hat en 134 Froen ze klären. Dat waren haaptsächlech Kommunikatiounsfroen, am Internet Coupures de service a bei den Handyen d'Facturatioun.

Hei am Gesetz gesi mer elo vir, datt den ILR Zoustännegkeeten huet, wat den Accès, wat d'Protection des droits des utilisateurs, wat den Internet, wat de Coût du service an d'Portabilité des numéros ubelaangt. Elo Hand op d'Häerz: Wee weess dat heibannen? Séier wéineg Leit. A wee weess et dobaussen?

■ **Plusieurs voix.**- Nach vill manner Leit.

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- Nach vill manner Leit.

Wa mer elo e gudder Service hunn an et weess keen dobaussen, datt mer en hunn, dann notzt en net vill.

Dofir si mer och der Meenung, datt mer müssen eng Kommunikatiounsaktioun maachen, fir datt de Bierger dobausse weess, datt wa guer näischt méi leeft, wann e selwer probéiert huet an et kënnt näischt, en dann op d'Mediatioun vum Institut luxembourgeois de régulation kann zrëckkommen. Eis Motioun fuerdert, déi Informatiounscampagne ze maachen.

## Motion 2

*La Chambre des Députés,*

- *considérant qu'avec l'adoption du projet de loi n° 7632 tous les réseaux et services de communications électroniques seront soumis à un même code des communications électroniques européen, ce qui crée un cadre harmonisé pour la réglementation des communications électroniques et contribue au renforcement du marché unique numérique ;*

- *rappelant que les fonctions d'autorité de régulation indépendante en matière de réseaux et de services de communications électroniques sont confiées à l'Institut luxembourgeois de régulation (ILR) ;*

- *constatant que l'article 8 du texte du projet de loi n° 7632 proposé par la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications prévoit entre autres les dispositions suivantes :*

« Dans le cadre du champ d'application de la présente loi, l'ILR est chargé des tâches suivantes :

1° mettre en oeuvre la régulation ex ante du marché, notamment l'imposition d'obligations en matière d'accès et d'interconnexion ; [...]

4° contribuer à la protection des droits des utilisateurs finaux dans le secteur des communications électroniques en coordination, le cas échéant, avec d'autres autorités compétentes ;

5° évaluer et suivre de près les questions liées à la configuration du marché et à la concurrence en ce qui concerne l'accès à un internet ouvert ;

6° évaluer l'existence d'une charge injustifiée et calculer le coût net de la fourniture du service universel ;

7° assurer la portabilité des numéros d'un fournisseur à l'autre ; [...]. » ;

- *constatant que les informations communiquées par l'ILR n'atteignent pas toujours le public ;*

- *considérant que l'obligation de protection des consommateurs nécessite un intermédiaire visible et efficace,*

*invite le Gouvernement*

- *à s'assurer que la communication entre l'ILR et le public soit institutionnalisée, de façon à mieux protéger le consommateur et mieux l'informer de ses droits.*

(s.) Viviane Reding, Emile Eicher, Paul Galles, Martine Hansen, Gilles Roth, Marc Spautz.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Reding.

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- An da kommen ech op de leschte Punkt, Här President, an dat ass, wa guer näischt méi geet, wann et net méi esou ass, datt d'Viviane oder de Michi oder de Jean-Claude e Problem mat der Telecom huet, oder de Paul - jo, ech hat dech net vergiess, Paul -, mee datt et ganz vill Leit sinn, déi dee selwechten, en änleche Problem hunn, wann et e systematesche Problem gëtt, datt dann net all Eenzelne virun engem Bierg steet, mee se all zesumme kënnen en masse dohinnergoen: dat heescht eng Sammelklage.

Perséinlech Problemer, wéi gesot, ginn iwwert de Mediateur geléist. Do maache mer jo dann eng Informatiounscampagne, wann d'Regierung averstanen ass, fir de Leit dat matzedeelen. Eng grouss Zuel vu Problemer, systeemesch Problemer, kënnen nëmmen iwwer e Recours collectif geléist ginn, an iwwregens verlaangt d'Union luxembourgeoise des consommateurs dat schonn zënter Joren. An et ass näischt Ongewéinlech, well zum Beispill am Gesetz iwwert den Dateschutz - dat hunn ech jo selwer geschriwwen, d'europäesche Reglement - hu mer e Genre europäesche Recours collectif virgesinn.

Firwat soen ech en europäesche Recours collectif? Wat mer net wëllen, Här Minister, dat ass en amerikanesche System, wou verschidde Leit scho virun der Dier waarden, wann de Bierger aus dem Buttek erauskënnt, fir ëm ze soen, hie soll elo ënnerschreien, fir eng Klo ze maachen. Dat wëlle mer net.

Mir wëllen e System hunn, deen do ass, fir richtig Problemer ze léisen an zwar de Recours collectif. D'CSV huet versicht, en hei anzebauen. Mir hunn en Amendement bruecht. Deen ass ofgeleent ginn. Mir hunn eng Convocatioun gefrot op Kommissiounsniveau. Do ass d'Ekonomieskommissioun dann och zesummekomm, fir doriwwer ze diskutéieren, an et ass ëmmer nees gesot ginn: „Mir brauchen et net elo hei am Gesetz, mir maachen en allgemengt Gesetz iwwert de Recours collectif.“

Gutt. Also ech wär der Meenung gewiescht, mir hätten et hei sollen direkt mat draschreien. Mee

wann dat eeben net ass a wann dat soll iwwer en allgemengt Gesetz goen, da sief dat eeben esou. Bon, dat wär dann de Projet de loi 7650 iwwert de Recours collectif, deen och eng europäesch Direktiv vun 2020 a Lëtzebuerger Gesetz soll iwwersetzen.

De Problem ass allerdéngs, datt den ILR am Projet de loi net virgesinn ass. Dee steet net dran! Dat heescht, et muss iwwer Amendemente passéieren. Elo huet d'Regierung versprach, se géif Amendemente maachen zu deem Gesetz do. Se huet awer net spezifesch gesot, datt déi Affär vun Telecom a vum Internet géif geléist ginn. Dofir brénge mer als CSV eng Motioun an, déi seet, datt wann déi Amendemente kommen zum Gesetz 7650 - a mir hoffen dat Gesetz kënnt esou séier wéi méiglech, well mer brauchen et - da soll en Amendement virgesi sinn, fir deen heite Fall spezifesch dann och ze léisen, fir datt dat net vergiess gëtt. Well dat Gesetz, wou iwwer ech elo schwätzen, kënnt jo net an d'Mediekommissioun. Dat läit an den Hänn vun anere Kolleegen, dofir déi Motioun. Vergiesst dat wannechgelift net, well entscheet ginn ass, et net hei anzebauen, mee an dat Gesetz, wou Dir driwwer diskutéiert an decidéiert. Hei ass déi do Motioun, Här President.

## Motion 3

*La Chambre des Députés,*

- *considérant qu'avec l'adoption du projet de loi n° 7632 tous les réseaux et services de communications électroniques seront soumis à un même code des communications électroniques européen, ce qui crée un cadre harmonisé pour la réglementation des communications électroniques et contribue au renforcement du marché unique numérique ;*

- *rappelant l'importance du recours collectif qui vise à faciliter l'exercice des droits du consommateur, y compris dans le domaine des communications électroniques ;*

- *sachant que les procédures actuelles peuvent entraîner des coûts importants et être d'une durée conséquente et sont donc susceptibles d'avoir un effet dissuasif pour le consommateur réclamant ses droits ;*

- *considérant que le projet de loi n° 7650 portant introduction du recours collectif en droit de la consommation qui a été déposé à la Chambre des Députés, ne prévoit pas l'intégration de l'Institut luxembourgeois de régulation (ILR) ;*

- *considérant que le Gouvernement a l'intention de présenter des amendements gouvernementaux au champ d'application du projet de loi susmentionné,*

*invite le Gouvernement*

- *à faire avancer le plus rapidement possible les travaux législatifs du projet de loi n° 7650 portant introduction du recours collectif en droit de la consommation ;*

- *à intégrer l'ILR dans les amendements gouvernementaux relatifs au champ d'application, annoncés par le Gouvernement.*

(s.) Viviane Reding, Emile Eicher, Paul Galles, Martine Hansen, Gilles Roth, Marc Spautz.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Reding.

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- An da soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen och der Madamm Reding Merci a ginn d'Wuert un deen nächsten ageschriwwene Riedner. An dat ass déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer haut de Begrëff Telekommunikatioun gebrauchen, dann ass dat eppes ganz, ganz aneres wéi virun 10, 20 oder 30 Joer. En huet effektiv net nëmmen eng aner Bedeutung, mee et hänken och ganz aner Beräicher an Dëngschtleschtungen un deem dote Begrëff. D'Entwécklung geet rasant virun a gëtt ëmmer méi komplex an et ass och net ëmmer einfach fir eis, fir um legislative Plang iwwerhaupt mat deem Tempo Schrëtt ze halen.

Gläichzäiteg gi mer alleguerten, also all eenzelne Bierger awer och eis Institutionen an eis Betriber, ëmmer méi ofhängeg vun deenen omnipresenten an ëmmer méi diversifizierte Servicer. A genee dofir ass et och esou wichteg, dass mer um europäeschen Niveau en harmonisierte Rechtskader hunn, deen et erlaabt, all Virdeeler a Chancen vun neien Technologien a Servicer ze nutzen a gläichzäiteg d'Utilisateuren ze protegéieren. A well hei den Däiwele am Detail läit a mer déi grad beschriwene Entwécklung offensiv an en connaissance de cause begleet mussen, géif ech als Alleréisch dem Rapporteur, dem Pim Knaff, Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mündlechen Rapport zu engem dach awer ganz techneschen an ëmfangräiche Gesetzesprojet.

Ech wäert mech dofir hidden, dat Ganzt nach eng Kéier hei alles ze widerhuelen. Ech wéilt villméi op d'Méiglechkeeten an d'Erausforderungen agoen, déi mat den ëmmer méi grousser Bedeutung vun den Telekommunikatiounsservicer an eiser Gesellschaft zesummenhänken.

D'Digitaliséierung insgesamt huet zënter der Pandemie op der ganzer Welt hiren Anzuch gehalen an e gewaltege Sprong no vir gemaach. Dat heescht net, dass déi Technologien a Servicer virdrun nach guer net existéiert hätten. Nee, se waren och virdu schonn disponibel. Si goufen awer zum Deel nëmme limitéiert genotzt an no zwee Joer Homeoffice-Expérience a Visiokonferenze si se awer haut quasi zum Standard ginn. Mir hunn eis eeben ugepasst a mir hunn och eis Gewunnechten total geännert.

Och am private Beräich ass opgrond vun deene pandemiebedéngten Aschränkunge vun de perséinleche Kontakter e ganz groussen Deel vun eise Sozialliewe souzesoen digitaliséiert ginn. An eiser Fräizäit si mer gewinnt ze streamen, Musek, Filmer an d'Ennerhalungsmedie praktesch géint déi gewonnen Aktivitéiten am Frëndeskrees, an de Sportveräiner, Kulturveräiner auszetauschen, déi zum Deel komplett doduerch ersat gi sinn.

Ware vill vun deene Servicer viru Joren nach éischter nice to have, sou si se elo praktesch existenziell wichteg ginn, an zwar an alle Liewensberäicher. Wien haut doheem kee performanten Internetzugang huet, dee kann net am Teletravail schaffen, dee ka fir seng Kanner keen Homeschooling an der Quarantän oder am Lockdown assuréieren an dee kann och net de Kontakt zu senger Famill an zu sengem Frëndeskrees oprechterhalen. Oder an anere Wieder: Haut op enger Plaz ze wunnen, wou d'Glasfaser nach net läit respektiv keng anstänneg Internetverbindung méiglech ass, ass entre-temps net nëmme mat engem Mangel u Confort oder Zugang zu elektronische Méiglechkeete verbonnen, mee et bedeit carrement de Risiko vun enger Exklusivsioun.

Fir Betriber gëllt dat duebel, well d'Verfügbarkeit vun engem staarken, verlässleche Reseau ass e ganz wichtegen Aspekt fir eis Betriber an och e wichtegen Aspekt bei der Kompetitivitéitsfro. A ville Betriber geet et ganz einfach net méi ouni.

Dobäi kënnt de wuessende Marché vum sougenannten „Internet of things“. Den Ausbau vum 5G-Netz ass an deem Kontext onëmgängelech. An e flächendeckende stabile Reseau gëtt ëmmer méi als e Facteur vu Sécherheet ugesinn. Ech denken an deem Zesammenhang zum Beispill un d'Digitaliséierung am Beräich vun der Mobilitéit oder vum effentlechen Transport.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eis Ofhängegkeet vu performanten a sécheren Telekommunikatiounsservicer wiisst also gewaltig, a parallel dozou och d'Demande no engem performanten an effikassen Accès zu deene Servicer.

D'Roll vum Staat ass et, dofir ze suergen, dass dës berechtigter Demanden vun eiser Populatioun uerdentlech Rechnung gedroe ka ginn. Am viregte Joerhonnert, zu Zäiten, wou et just eng Bréifpost an e fixen Telefonsreseau oder e fixen Telefon gouf, war dat natierlech vill manner komplizéiert wéi haut. De Staat konnt dës Basiservicer ganz einfach selwer ubidden. Dat ass haut ganz anescht. Et ass mëtlerweile eng Gratwanderung ginn, fir an engem liberaliséierten Ëmfeld de Service public oprechtzeerhalen an all Dëngschter fir jiddwereen zu engem abordabele Präis unzebidden.

Richtig ass: Mir kënnen d'Auer net zrëckdréien. A mir wëllen och d'Auer net zrëckdréien. Ganz ofgesinn dovun, dass et à ce stade kee politesch Bestreiwung gëtt, fir Telekommunikatiounsservicer erëm ze verstaatlechen, wier de Staat haut guer net méi à même, fir all Servicer selwer unzebidden. Ëmsou méi wichteg ass et, fir en transparenten, rechtliche Kader ze hunn, deen den Ausbau an d'Maintenance vun de Reseau garantéiert, den Accès dozou zu faire Konditiounen fir jiddwereen erlaabt an de Serviceprovider Reegelen operleet, Reegelen, déi den allgemengen Interêt an de Schutz vun den Utilisateuren respektéieren.

Et ass dofir och gutt - an ech géif souguer soen, et ass essenziell -, dass déi sougenannten „over the top players“, also d'Messagerieservicer vun Apple, WhatsApp iwwer Facebook, Messenger an esou weider ausdrécklech mat ënnert deen neie Gesetzesprojet falen. Dëst Gesetz baut also als Spillraum vun den Telecomservicer aus a stäerkt, doduerch dass eng ganz Rei vu Basisreegelen opgestallt ginn, d'Rechter vun de Konsumenten. Si sinn an deem hyperaktiven digitalen Ëmfeld, an deem mir eis alleguete bewegen, oft komplett iwwerfuert d'brauche Garantien, Support an Transparenz. D'Telekommunikationsgesetz eleng kann natierlech net elo all wichteg Beräicher ofdecken. Ech verweisen ergänzend zu eiser lafender Diskussioun op déi international Demarché ronderëm den Digital Service Act an den Digital Markets Act, déi allebéid weisen, wéi komplex, awer och wéi wichteg e gemeinsame reglementaresche Kader an där digitaler Welt iwwerhaupt ass.





An den Ae vun der LSAP sinn déi europäesch Dispositionen, déi mir mat dësem Gesetzesprojet ëmsetzen, e wichtege Bausteen vun deem Gesamtkader. Grad d'Telekommunikatioun ass ee vun deene Beräicher, wou d'Virdeeler vun enger gemeinsamer EU-Politik ganz offensichtlech sinn. Ouni déi enk Zesummenaarbecht um internationale Plang géife mir eis zu Lëtzebuerg ganz schwéier dinn. Ee Beispill, wat dat a mengen Ae ganz gutt illustriert, betrëfft déi zukünfteg Missioun vum ILR, eisem nationale Regulationsinstitut. Et war a mengen Ae ganz positiv, dass mir an der zoustänneger Kommissioun - an dofir och e grouse Merci un eise President - Representantë vum ILR konnten invitieren an Explikatiounen zu der praktescher Ëmsetzung vun dësem Gesetz konnte kréien.

An deene Gespréicher ass och d'Wichtigkeet vun der internationaler Zesummenaarbecht zur Sprooch komm. Sou goufe mer notament drop higewisen, dass den ILR am Moment hei zu Lëtzebuerg siwe Persounen huet, déi fir dee Beräich schaffen, an dass - toutes proportions gardées, wëll ech direkt soen - bei eisen däitschen Noperen de Regulateur iwwer 3.300 Leit huet. Do ass natierlech e klengen Ënnerschied. Mir kruten awer versécher, dass den ILR ganz gutt op déi kommend Erausforderunge virbereet ass a virun allem eng exzellent Zesummenaarbecht mat senger Partner am Ausland be-steet.

Als LSAP si mir fir eng performant an effikass Regulation a mir erwaarden, dass den ILR all déi Moyenen huet, déi noutwendeg sinn, fir déi nei Missiounen och am Intérêt général ze erfüllen.

Mir begrëssen och, dass iwwert den Text vun dësem Gesetz d'Onofhängegkeet vun den Organer, déi de Secteur vun der Telekommunikatioun a vun den elektronesch Servicer kontrolléieren an de Schutz vun de Konsumenten assuréiere sollen, och garantiert ass.

De Rapporteur ass schonn am Detail drop agaangen, a wéi engem Mooss dat neit Gesetz dozou bäidréit, dass d'Reseae bei eis am Land rapid an ouni ze vill administrativ Hürden ausgebaut kënne ginn. Dat bedeit awer net, dass elo jiddweree ka maachen, wat e wëll, just, fir dass et schnell geet. Ganz am Contraire: Et muss vill méi séchergestallt ginn, dass Ressourcen, déi awer limitéiert zur Verfügung stinn, esou rationell wéi méiglech, am Intérêt vun der Allgemengheet, kënne genotzt ginn.

Dëse Gesetzesprojet gesäit dofir och Reegele vir, wéi zum Beispill Installatiounen muss gedeelt ginn, wann en éischte Fournisseur schonn op enger Plaz implantéiert ass an en zweeten awer genee op där doter Plaz och wëll eng Notzungsméiglechkeet kréien. Et ass ganz wichteg, dass esou Saache gereegelt sinn.

Här President, fir mech a meng Partei ass effektiv d'Sécherheet e ganz zentralen Aspekt vun dësem Gesetz: d'Sécherheet vun den Déngschtleesch-tungen, d'Sécherheet beim Accès a virun allem d'Sécherheet bei der Notzung vun deenen ugebuedene Servicer. Iwwert dëst Gesetz kréien d'Fournisseuren d'Obligatioun, d'Utilisateure viru Mëssbrauch vun hiren Donnéeën aktiv ze schützen.

Wat méi Donnéeën um elektronesch Wee ausgetosch ginn, wat den Dateschutz méi wichteg ass. Dat ass eis alleguerten heibanne bewosst. An der Kommissioun lounge et eis dofir um Häerz - an ech hat mech och dofir agesat -, dass den Avis vun eiser Dateschutzkommissioun zu dësem Projet géif ugefrot ginn an dass en och kéint an eis Aarbechten afléissen. Dat war eng ganz wichteg Saach, an ech wëll dobäi nach eng Kéier betounen, dass d'Obligatioun, d'Sécherheet am Beräich vun der Telekommunikatioun ze assuréieren, net eleng just déi privat Bedreiwer concernéiert, mee an eisen Aen och eng Uraufgab vun eisem Staat muss bleiwen.

Mir begrëssen et dofir, dass an dësem Gesetz ganz wichteg Elementer mat dra sinn, déi et dem Staat erméiglechen, ze intervenéieren, wa sech d'Sécherheetsfroen stellen oder wann de Service universel an iergendenger Aart a Weis a Fro gestallt gëtt.

Zum Schluss, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wëll ech nach eemol ënnersträichen, wéi wichteg an deem Zesammenhang den Accès op den Internet als zentralem Volet vum Service universel ass. Ech hu virduen dovun geschwat, wéi ofhängeg mir alleguerten an deene leschte Jore vun dëse Servicer gi sinn. A wien Ofhängegkeet seet, dee weess och, dass Vulnerabilität do dermat zesummenhänkt. An dofir muss de Staat a mengen Aen imperativ Reegelen opstellen, fir dass all Bierger - mam Akzent op dem Wuert „all“ - e pro-peren Accès zu engem abordabele Präis garantiert ka kréien.

D'Regulierung vum Marché, dat ëmsou méi, wéi et e ganz konkurrenzmielchen an dynamesche Marché ass - dat ass jo vun alle Virriedner ënnerstrach ginn -, ass am Intérêt vun de Bierger immens wichtig. A well dem ILR heibäi eng zentral Roll zoukënn, recommandéiere mir, an deenen nächste Méint - a meng Virriednerin huet dat jo och schonn

hei gesot - all d'Utilisateuren a Konsumenten ganz ëmfaassend ze informéieren. Mam ILR a sengen zousätzlechen Aufgaben an Attributiounen, déi dëst Gesetz ëmgëtt, hu mir effektiv eng ganz wichteg Ulaftell hei zu Lëtzebuerg, wou jiddweree ka geholf kréien, wann en e Problem an deem Beräich huet. An dofir muss mer dat och no baussen esou bekannt wéi méiglech maachen, fir dass jiddwereen dorobber kann zrëckgräifen.

Als LSAP begrëisse mir zousätzlech, dass och d'Rechter vu Mënsche mat enger Behënnerung an dësem Text gestärkt ginn.

An domadder, Här President, ginn ech d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz, an och gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun, a soe Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Mutsch. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Hansen (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Alleréisch wëllt ech dem Rapporteur Pim Knaff e grouse Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport zu dësem extreem techneschen Text. Seng gutt Explikatiounen erlabe mir et, net op all d'Detailer mussen anze-goen.

Ech wëllt awer och de Mataarbechter aus dem Service des médias et des communications Merci soe fir hir detailléiert Explikatiounen. Mir sinn an der Kommissioun den Text „article par article“ duerchgaangen, hu sëllegen Avisen analyséiert, hunn eis och mam ILR ausgetosch a sinn an engem konstruktiven Dialog op all d'Detailer an Onkloerheeten agaangen. Eng Virgeeënswis, déi net onbedéngt üblech ass bei änlechen Texter, déi Direktive sollen ëmsetzen, déi awer absolutt ze begrëssen ass, och wann d'Kommissioun e gewëssenen Drock hat, well mer mat der Ëmsetzung vun der Direktiv, wéi vill aner Länner, a Verspéidung sinn an dowéinst och schonn Ufank 2021 e Vertragsverletzungsverfahren weinst Netëmsetze géint Lëtzebuerg an 23 aner Staaten ageleet ginn ass.

Esou wéi schonn am Rapport gesot, ass d'Direktiv 2018/1972, déi mat dësem Projet de loi ëmgesat gëtt, en Zesummeschluss vu véier méi alen Direktiven aus dem Telecomberäich. De But ass, d'EU-Gesetzgebung ze harmoniséieren an ze aktualiséieren, mat Bléck op déi sech schnell entwéckelnd Internetlandschaft mat ëmmer neien an innovative Servicer. All d'elektronesch Kommunikationsnetzer a -servicer, inklusiv verschidden Aspekter zu den Ekipementen, ënnerleie mat dëser Direktiv elo engem eenzege Gesetzeskodex.

D'Zilsetzung vum dësem Projet de loi si schonns méifach genannt ginn, duerfir wäert ech mech a menger Ried op zwee grouss Volete konzentréieren: Dat ass engersäits d'Recht op den Accès op de schnellen Internet mat enger héijer Qualitéit fir jiddereen, zu akzeptabele Konditiounen, mat enger akzeptabler Qualitéit an zu engem abordabele Präis, an anerersäits d'Stärkung vum Konsumenteschutz an engem Beräich, wou et als Konsument net einfach ass, den Duerchbléck ze behalen, wann een zum Beispill fir en neie Service-Abo bei der Ënnerschrëft op eemol eng Dose Säite Conditions générales plus Dateschutzklärung soll ënnerschreien.

Dir Dammen an Hären, am Zäitalter vun Homeoffice an Homeschooling ass de garantierten Accès op de schnellen Internet souzesoen iwwerliewenswichtig. D'Covidpandemie huet gewisen, dass den Internet doheem, an der Schoul an och an de Betriber awer net zu all Moment einwandfrei fonctionéiert huet. Och mir haten hei an der Chamber mat eise Visiokonferenz Startschwierigkeeten. Do huet emol d'Bild oder den Toun geruckelt. An ech mengen, dass Der vill heibannen hiert Internetabonnement adaptéiert hunn, fir méi e schnellen Datentransfert ze kréien. Ech war op jidde Fall frou, dass et och schonn dat Joer virdu gemaach hunn, soss wär mäin Hausreseau doheem am État de crise mat enger Persoun am Homeoffice an dräi Kanner am Homeschooling zesummegebrach. Dëst fir ze soen, dass et extreem wichteg ass, am ganze Land an an all Haushalt d'Méiglechkeet ze hunn, op Breitbandinternet kënne zrëckzegräifen.

degréng begrëssen duerfir, dass den ILR wäert dofir zoustänneg ginn, fir am Detail ze kartograféieren, wou den Accès un de schnellen Internet besteet a wou net. Ze begrëssen ass awer och, esou wéi den ILR dat an der Kommissioun presentéiert huet, dass de Lëtzebuerger Reseau schonn immens wäit entwéckelt ass. Sou war am Joer 2020 op 98 % vum Territoire en Internetaccès mat enger Vitesse vu mindestens 100 Megabyte/Sekonn méiglech an 72 % vun den Haushalter haten Zougang op Glasfaser oder de Koaxialkabel, déi Vitesse vun ee bis zwee Gigabyte/Sekonn kënne liwweren.

D'EU-Direktiv gëtt sech hei iwwregens technologie-neutral. Dat heescht, dass de schnellen Internetaccès souwuel iwwer Kabel wéi iwwer Funk oder iwwer nach aner Manéieren, zum Beispill per Liicht-

wellen, kann erméiglecht ginn, soulaang en eebe garantiert gëtt.

Als Gréng si mer awer derfir, dass een nientend der Qualitéit vun de Servicer och muss de Principe de précaution par rapport zu der genotzter Technologie spille loossen. Dofir si mir der Meinung, dass een de Kabel, ob dat Glasfaser oder Koaxialkabel ass, soll prioriséieren an de Funk eréischt do setzen, wou d'Accessibilitéit iwwert de Kabel net oder nëmme schwéier garantiert ka ginn, wat wëllt heeschen, dass zu Lëtzebuerg de Kabelreseau soll maximal weider ausgebaut ginn, dass all Stot an all Betriber och tatsächlech d'Méiglechkeet kréien, sech kënne fir en Accès per Kabel ze entscheede respektiv d'Kabel- a Wireless-Techniken optimal ze kombinéieren.

Dat erlaabt et eis och, den Impakt vun den elektromagnétesche Felder respektiv vun der Funkstrahlung méiglechst niddreg ze halen, wat gutt ass, well iwwert den Handy scho genuch Kommunikatioun iwwer Funk leeft.

Bei just 72 % vun den Haushalter, déi Accès op Glasfaser oder de Koaxialkabel hunn, gëtt et also nach dätlich Spott no uewen. De Problem läit awer net just beim Ausbau vum Netz, mee gréissten-deels och bei den Haiser an de Residenzen, déi de Kabel och mussen eralee loossen. Besonnesch bei Residenzen besteet hei oft e Problem, well dëst Käschte generéiert an et net deem eenzelne Proprietär a scho guer net dem Locataire seng Decisioun ass, fir de Kabel an d'Wunneng ze kréien. Do muss fir d'éischt d'Copropriétéit averstane sinn, d'Käschten ze droen, fir de Kabel an d'Residenzen eranzehuelen an dann op déi verschidde Wunnengen ze verdeelen. Wann do eenzel Coproprietären den Notzen dervun net erkennen, well si et net brauchen, dann ass dat schwierig. Eréischt wann de Reseau an der Residenz läit, kann deen Eenzelnen aus all Wunneng Accès op de Kabel kréien. A soulaang dat net de Fall ass, ass fir de Bewunner natierlech dacks d'Funktechnik déi eenzeg praktikabel Highspeed-Internet-Léisung.

Ier ech mat menger Iwwerleeung weiderfueren, wëllt ech awer op dëser Plaz eng Klammer opmaachen, fir iwwert de 5G an d'Notzung vu senger verschiddene Frequenzberäicher ze schwätzen. D'EU-Gesetzgebung gesäit hei e präzisen a contrainantë Kalenner vir fir d'Attributioun vun den eenzelne Frequenzberäicher, deen awer ënner Virbehalt vu genuch Interessi vum sougenannte Marché steet. Well zu Lëtzebuerg, no enger Ëmfro vum ILR, awer nach keen Interessi do war, huet Lëtzebuerg duerfir, trotz Depassement vun der EU-Deadline, d'26-Gigahertz-Frequenzbande fir de 5G nach net attribuëiert.

degréng sinn der Meinung, dass een nach net genuch Erfahrung an Erkenntnisser am 26-Gigahertz-Beräich fir Nofunkkommunikatioun huet, besonnesch wat säin Afloss op d'Ëmwelt an d'Gesondheet ugeet.

Duerfir fanne mir et wichteg, esou wéi dat jo och vun der Regierung virgesinn ass, fir d'éischt eng Rei Pilotprojekten ze maachen an déi ganz enk ze suivéieren an ze evaluéieren, ier d'26-Gigahertz-Frequenz flächendeckend kann ugewannt ginn.

Mir sinn och der Meinung, dass d'Prioritéit kloer soll bei der Transmissioun iwwert de Kabel leien, virun allem op Plaze wéi an de Spideeler, wou de Risiko besteet vun Interferenzen mat aneren Apparaten an eventuell och vu Reaktiounen op Strale vun hypersensibele Patienten.

Do wou et méiglech ass, kann een awer och nei Technologien testen an setzen, wéi zum Beispill schnell Kommunikatioun iwwer visibel oder infrarout Liichtwellen. Dat ass déi sougenannte „VLC-Technik“ fir „Visible Light Communication“, déi neierdengs ëmmer méi oft als LiFi bezechent gëtt.

Hei ass dëst Joer zu Lëtzebuerg een éischte kommerzielle Produkt vun engem Operateur lancéiert ginn. D'Zil soll et sinn, fir, a Fonctioun vun enger breeder Analys, déi verschidden Technologiee jee-weils do anzesetzen, wou se am sënnvollste sinn, mat de mannsten negativen Impakter.

Wa mer vu 5G schwätzen, muss mer awer och iwwert déi sougenannte „small cells“ aus dësem Projet de loi schwätzen. De Syvicol huet a sengem Avis Bedenke geäussert, well d'Autorisatioun vun den eenzelne Mikroantennen net am normale Kompetenzberäich vun de Buergermeeschtere läit. Weinst méiglechen administrativen, urbanisteschen, ëmweltschützereschen a sanitären Implikatiounen vum zukünftige Smart-Cells-Deployement fuerdert de Syvicol en obligatoresche Masterplang vun den Operateuren fir déi vun hinnen an der jee-weileger Gemeng geplangten Antennen.

Als Gréng hoffe mer, dass hei eng Léisung ka fonnt ginn, déi et de Gemengen zumindest erlaabt, den Iwwerbléck iwwert d'Standuerter ze behalen. Genee dat garantiert jo och momentan den nationale Mobilfunkdaster um Geoportail, wou een d'Antennestanduerter mat weideren Detailer zum Operateur a senger Geneemegung kann nokucken.

D'Direktiv verbitt an hirem Artikel 57 engersäits zwar d'Virschreiwung vun enger individueller Baue-neemegung fir eng Small-Cells-Installatioun - de genaue Wuertlaut ass hei de „Permis d'urbanisme individuel“ -, mee et gëtt awer keen allgemenge Geneemegungsverbuert, wat jo da ka bedeuten, dass eng net individuell, also eng kollektiv oder regroupéiert Approche rechtlech méiglech misst sinn.

Och wann dës Smallcells just ganz schwaach an op kuerzer Distanz senden a stralen, cumuléiere sech dës Stralungen an deem Beräich awer logescherweis mat allen anere lokale Funkquelle vun den 2-, 3-, 4- a 5G-Netzer. Duerfir begrëssen déi gréng, dass mer hei zu Lëtzebuerg mat der Limitt vun 3 Volt pro Meter ee vun de weltwäit niddregsten nationale Stralegrenzwärter hunn. An domat géif ech dann och meng Klammer zu de 5G erëm zoumaachen.

Absolutt ze begrëssen ass, dass am Projet de loi de Service universel fir den Highspeed-Internet-Accès an domat d'Notioun vum abordabele Präis a vum héijen Debit kloer definéiert ginn, dëst, fir dem Risiko vun der Exclusion sociale duerch d'Fracture digitale entgéintzewierken. Den ILR soll hei d'Minimalkritäre fir Lëtzebuerg festleeën. D'Gesetz definéiert awer genau, wat fir ee Package u Servicer mindestens vum Service universel muss ofgedeckt ginn.

D'Chambre des Salariés an d'Union luxembourgeoise des consommateurs begrëssen alle béid och den digitale Service universel. D'Chambre des Salariés bemierkt awer gläichzäiteg, dass den analoge Service universel, zum Beispill bei de Banken, ëmmer manner accessibel gëtt. Et gëtt Leit, déi net digital connectéiert sinn, well se sech d'Apparater net leeschte kënnen oder well se net mat deenen neien Apparater eens ginn.

degréng sinn och der Meinung, dass een den analoge Wee net ze séier soll ofbauen an dass een ëmmer eng analog Alternativ soll ubidden, soulaang net jiddereen e garantierten Accès op den digitale Wee huet.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Hansen (déi gréng).** - E gutt Beispill duerfir ass, dass elo schonns mindestens eng Bank ugefaangen huet, de LuxTrust-Token duerch d'LuxTrust-Handy-App ze ersetzen. Den Token huet et bis elo awer erlaabt, och ouni Smartphone, ouni Onlinebanking-App an ouni LuxTrust-App online kënnen ze bezuelen, ze ënnerschreien an och sech ze identifizéieren. De Smartphone ass eng weider Hürd fir déi Leit, déi schonns haut net esou gutt mat der digitaler Welt eens ginn oder der Onlinebanking-Welt net esou richtig trauen oder sech net esou dacks en neie Smartphone mat de leschte Sécherheetsupdates kënne leeschten, an elo och net méi esou einfach mat hire Kreditkaart kënnen akafen, wann duerfir ëmmer den Handy mat der App fir d'Validatioun néideg ass.

Mir begrëssen duerfir, dass d'Regierung am September de Plan d'action national d'inclusion numérique presentéiert huet, fir eebe grad géint d'Fracture digitale virzegoen a wou mat der Zivilgesellschaft zesumme geschafft ginn ass, fir en opstellen. An deem Plan national geet et drëm, souwuel deenen eelere wéi de sozial schwaache Leit wéi de Leit mat Behënnerungen déi digital Welt méi no ze bréngen, fir dass si net méi ausgeschloss ginn.

An dësem Projet de loi gëtt och den Accès vu Leit mat Handicap net vergiess, well ettlech Obligatiounen fir d'Operateuren fir Leit mat Handicap bäikommen, wat e gudden a wichtege Schrëtt an déi richtig Richtung ass. Et feelt eigentlech elo just nach en Element, fir den Accès op de schnellen Internet als wierklech universell Déngschtleeschung ze garantiéieren, an zwar fir de Fall, wou d'Suen, aus wéi enge Grënn och ëmmer, sollte knapp ginn.

Fir déi gréng geet et drëms, dass d'politesch Opmerksamkeet net nëmmen op der Fracture digitale, mee och op der Précaritéit numérique, dass heescht der Fracture sociale am digitale Beräich, läit.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Hansen (déi gréng).** - Et geet ëm d'Fro, wéi ee soll virgoen, wann e Client seng Rechnung net ka bezuelen an e riskéiert, dass den Operateur ëm den Zougang net just zum schnellen, mee zum Internet generell ofschalt, an dëst am Hannergrond vun Homeoffice an Homeschooling.

Meng gréng Kolleegin, d'Djuna Bernard, hat an der Kommissioun d'Propos gemaach, änlech virzegoen, wéi dat scho beim Elektresch de Fall ass a wéi et och beim Gas wäert de Fall sinn. Dat heescht, mir missten eng gesetzlech Dispositioun virgesinn, déi d'Operateuren obligéiert, dem Client ze assistéieren an hie bei den Office social ze dirigéieren.

Et gouf an der Kommissioun och e grouse Konsens ronderëm dës Propos an et gouf festgehalen, sech ënner anerem nach mam Familjeminstère auszetauschen, wéi een dat am Detail kéint ugoen. Aus Zäitgrënn war et dunn awer net méi méiglech, dës Detailer ze klären an dës sozialen





Dispositiv nach an dësen Text ze integréieren, wëssend, datt schoonn eng Netëmsetzungsprozedur géint Lëtzebuerg leeft a mir mam Amendement a mat den Navettë mam Conseil d'État nach zousätzlech Zäit verluer hätten. Et wär deemno gutt ze kucken, wéi een esou eng Dispositioun kéint ëmsetzen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Hansen** (*déi gréng*). - Dir Dammen an Hären, no dësem méi sozialen Aspekt kéim ech zum zweeten Haaptvolet, dem generelle Konsumenteschutz. déi gréng begreissen, datt mat dësem Projet de loi de Konsumenteschutz verbessert gëtt. An deem Kader kritt den ILR weider Missiounen am Telekommunikationsberäich. Sou gëtt d'Mediation bei Konflikter tëschent dem Client an dem Operateur kloer definéiert. Da muss den ILR awer och en digitale Comparateur de prix op d'Bee stellen, fir datt d'Leit d'Präisser an d'Qualitéit vun de verschiddene Servicer vun den eenzelnen Opérateure kënnen matenee vergläichen.

De Client muss awer och kënnen seng Consommation kontrolléieren, an zousätzlech Dateivolumen däerfen och net automatesch weiderlafen, mee müssen zum Beispill iwwer eng SMS-Prozedur autoriséiert ginn. Ausserdeem huet all Operateur elo dank dëser EU-Direktiv d'Obligation, de Client méi transparent an a méiglechst einfacher, verständlecher Form iwwert dee Kontrakt ze informéieren, ier en dësen ënnerschreift. Dozou gehéiert speziell e Resümee mat all de wichtege Punkten aus dem Kontrakt.

Mat der Lëtzeburger Ëmsetzung, also mam virleienenden Text, kéint zousätzlech nach déi wichtig Präzisioun derbäi, dass, falls dëse Resümee net bei der Ënnerschrëft konnt virgeluecht ginn, de Kontrakt eréischt dann a Kraaft trëtt, wann de Client duerno schrëftlech oder iwwer en anere Moyen durable dësen obligatoresche Resümee bestätegt.

Et gëtt awer och nach eng Hellewull aner Mesuren, déi mat dësem Projet de loi zum Schutz vum Konsument nei agefouert oder verlängert ginn, an aus deenen ech der nach zwou wëll ervirsträichen.

Éischtens, beim Wiessel vum Operateur an der Portabilitéit vun der Nummer gesäit dëse Projet de loi zum Beispill eng Entschiedegung vun 100 Euro den Dag vir, wann et méi laang wéi e Schaffdag dauert, wat d'Aktivatioun vum Service, de Portage vun der Nummer oder den Ausfall vum Service ugeet, oder wann den Operateur net den ofgemaachten Installatiouns- oder Service-Rendez-vous anhält.

An zweetens, an Zäite vun ëmmer méi digitalen Abonnementer, huet den Operateur eng wichtig Hiweislicht, fir dem Client minimum ee Mount am Viraus Bescheid ze ginn, datt säin Abo ausleeft an datt e bei Netkënnegung op deem an deem Datum automatesch verlängert gëtt.

Zousätzlech kann den ILR awer och nach eng Rei Mindestservicer vun den Opérateuren afuerderen, an dat betrëfft mat der harmoniséierter EU-Gesetzgebung net méi just Telefonsubbidder. Esou kann den ILR zum Beispill och Fuerderunge stellen a puncto Iwwergangsdauer mat weiderhi garantéiertem Accès op seng al E-Mail-Boîte, nodeems ee gekënnegt an den Ubidder gewiesselt huet.

Dir Dammen an Hären, erlaabt mer, zum Schluss nach e leschte Volet aus dësem wierklech ganz breede Projet de loi erauszepicken, an zwar dee vun den Noutfallnummern an den Noutfallwarnsystemer.

Engersäits enthält den Text eng Rëtsch Virgaben, fir den Accès vu Persounen mat engem Handicap op dës Noutfallnummern ze garantéieren an ze vereinfachen, wat mer extrem begreissen.

Anerersäits gëtt et elo awer och eng Obligation fir d'Opérateuren, fir ab Mëtt 2022 hire Clienten dréngend Alerten a Warnmessages a Katastrophefäll müssen zoustellen, wann et verlaangt ass. Bei den Iwwerschwemmungen am Juli ass eis jo erëm bewosst ginn, datt e System, dee geziilt d'Leit, déi sech op engem bestëmmten Territoire ophalen, Warnunge kann zoukomme loossen, en extrem wichtege Service ass. Mat esou cibléierte Message wëssen d'Leit genau, wat fir eng Gefor an hirer Ëmgegend besteet a kënnen da konkreet op dës Gefor reagéieren. Grad an esou Noutsituatiounen sinn effikass a stabill Kommunikatiounsnetzer an Applikatiounen immens wichtig, fir effikass a schnell kënnen ze reagéieren an an deem Sënn och Liewe kënnen ze retten.

An domat soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn dann den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Marc Hansen. An nächste Riedner ass den honorablen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Villmools merci, Här President. Ech wéilt fir d'éischt dem Här Knaff Merci soen, mee och deenen anere Virriedner. Et

ass elo schoonn esou vill Interessantes gesot ginn, a virun allem, mengen ech, ass ganz kloer, datt et sech ëm en immens komplexe Sujet handelt mat ganz ville verschiddene Voleten.

Ech hu mech och wierklech gefreet, Här Hansen, datt an deem, wat Dir gesot hutt, eng ganz Rei vun deenen Elementer waren, déi ech och wollt selwer ervirsträichen, well se eis alleguer wierklech concernéieren. An ech fänken och vläicht u fir ze soen, datt mer, wéi Dir och, der Meenung sinn, datt mer müssen onbedéngt kucken, datt et keng digital Fraktur an eiser Gesellschaft gëtt. Dat ass en essenzielle Punkt.

Ech géif souguer nach e bësse méi wäit goen. Dir hat an Ärer Ried gesot, et wier wichtig opzepassee wéinst deenen eelere Leit, deene Leit mat enger Behënnerung, an ech mengen, Dir hat déi sozial Schwaach och ernimmt.

Mee et gëtt och vläicht einfach e Mësstraue géint iwwer dem Internet, einfach déi Loscht, en net ze benotzen, fir eeben op aner Servicer zrëckzegräifen, well eeben do och Sécherheetsrisike sinn. Dat schéngt mer och absolut legitim ze sinn. An einfach déi Tatsaach, fir och Guicheten an eng Presenz vu Banken a Post an esou weider virun allem an deene ländleche Regioune ze erhalen, huet ganz vill mat Liewensqualitéit ze dinn an och mat engem dätteleche Signal. Zemoos bei deene Banken an Établissements publics, wou eeben de Staat och Aktionär ass oder en direkt Matsproocherecht huet, ass et wichtig, en nationale Réseau ze hunn, fir eeben déi Proximitéit ze weisen.

Et ass net vun ongeféier, datt mer Phenomeener hate wéi a Frankräich d'Gilets jaunes an esou weider, wéinst dem Délaissement vu verschiddene Regioune. An och wa Lëtzebuerg vill méi kleng ass, mussen mer awer oppassen, datt dat hei net geschitt. Tendenziell gesi mer et. Dofir loosse mer och dofir anrieden, datt et och deen analoge Réseau, déi Presenz iwwerall am Land gëtt, dat schéngt mer ganz wichtig ze sinn. An och, an dat ass deen aneren Aspekt vun där Diskussioun, datt mer eeben net den „tout digital“ huelen, mee datt mer och kucken, datt mer de Gebrauch vum Boergeld héichhalen an net d'Méiglechkeete schafen, fir lues a lues d'Boergeld, e Stéck Fräiheet awer, aus eiser Welt ze verdrängen.

An deene puer Minutten, déi ech elo hunn, an et ass jo eng ganz breet Panoplie vu Sujeten, déi den Här Knaff eis virgestallt huet - nach eemol merci, Här Knaff, dofir -, ass et awer wichtig, mengen ech, datt mer e puer Sujeten erauspicken, déi fir de Consommateur besonnesch wichtig sinn, déi d'Leit direkt interesséieren an enger komplexer Matière.

Dat Éischt ass, mengen ech, datt mer sollten iwwert de Service universel schwätzen hei am Land an de 4G an d'Glasfaser, well dat si ganz wichtig Sujeten, déi awer d'Leit eeben, d'Virriedner hunn et och gesot, direkt concernéieren. A mam Réseau 4G, dee mer jo awer och hu parallel nach zu aneren, mengen ech, ass déi éischt Fro: Ass e saturéiert gi während der Covidkris? Den Här Staatsminister, dee jo och dofir direkt zoustänneg ass, kann eis vläicht do soen, wéi eigentlech eis Reseauen deem entsprach hunn - déi, déi mer also am Abléck hunn, also nach net am 5G -, wéi déi sech bewäert hunn an ob et do eng Saturatioun ginn ass.

An och déi Couverture am ganze Land, et ass wouer, do ass jo och gesot ginn, datt mir bei 98 % leien. Mir leie ganz gutt. An awer hu mer nach déi wäiss Plazen, a virun allem hu mer och wäiss Plaze laanscht verschidde wichteg Stroossen. An et ass jo och gesot ginn, datt déi Couverture universelle souwuel Plaze soll betreffen, wou d'Leit wunnen, awer zemoos fir e Land wéi Lëtzebuerg, wou eebe ganz vill Transit ass, mussen mer oppassen, datt déi Couverture duerch den Internet och op deene Weeër, op deenen Transitstrecken, ëmmer garantiéiert ass. Dofir, mir verstinn, datt op verschiddene Plazen aus Ëmweltschutzgrënn oder anere Grënn vläicht net gär Antenne gebaut ginn, op där anerer Säit schéngt et eis awer och wichtig, datt wéinstens op den Transitstrecken, op deene wichtege Stroossen, awer permanent eng Liaison soll méiglech sinn.

Et ass och esou, datt mer mat der Glasfaser mussen kucken, wéi mer de Réseau do kënnen weider ausbauen. De 5G soll keng Konkurrenz ginn zum Glasfasereseau oder zu anere komplementäre Méiglechkeeten, fir d'Haiser ze verbanne mat engem séieren Internet. Et ass scho verwonnerlech: D'Regierung hat zum Beispill an hirer Projektioun, wann ech mech richtig erënneren, gesot, fir d'Enn 2021 hätte mer eng Konnexioun vu 75 %, an Enn 2022, dat hat ech mer erausgeschriwwen, vun 78 %. Dat wären nëmme plus 3 % an engem Joer. An da stellt sech d'Fro: Reduzéiere mer hei net bewosst, d'POST oder anerer, d'Aarbechten un engem awer wichtege Glasfasereseau, well Sue gebraucht gi fir Investisementer am 5G? Ech mengen, mir müssen dat am A behalen a mir däerfen net déi Aarbechten am Sënn vun enger Couverture universelle an der Glasfaser oder esou vernoléissegene eebe wéinst deem 5G, dee soll kommen.

Mee de 5G, deen interesséiert ganz vill Leit. Et ass nun emol ee vun deene villen Aspekter vun dësem komplizéierte Gesetz, datt awer d'Aféierung vun 5G soll erlichtert ginn. Den Här Knaff hat eis dat jo och erkläert, also „favoriser le déploiement des réseaux 5G“, an dofir wëll ech hei awer e bësse drop agoen, well mer an dësem Parlament net ganz dacks doriwwer schwätzen. Et ass awer eppes, wat vill Leit interesséiert.

An et sinn an dësem Gesetz, wat mer haut hei virleien hunn, jo eenzel Dispositiounen dran, déi och zum Beispill am nationale Sécherheetsberäich kënnen spillen. Ee vun de Virriedner hat dat och gesot. Ech mengen, wann ech mech richtig erënneren, war et d'Madamm Mutsch, déi ervirgestrach huet, datt, wa sech sollt e Sécherheetsrisiko presentéieren, dann deen Abléck de Staat ka legiferéieren oder och eventuell verschiddenen Techniken verbidden.

Gutt, mee d'Fro ass: Ass dat dann net schoonn ze spéit, wann dat dann deen Abléck gesi gëtt? Wäre net besser, am Virfeld schoonn ze soen, vum Staat aus, wéi eng Technologien erlaabt sinn oder net, amplaz d'Responsabilitéit praktesch op d'Entreprise ofzewälzen? Ech mengen, dat wär vläicht dee bessere Wee, well als Investisseur huet ee jo awer e Problem, eng Technologie anzeféieren ënnert dem Risiko, datt dat zu engem spéideren Zäitpunkt kéint verbuede ginn. Et wär vläicht awer, mengen ech, méi éierlech, méi direkt, wann de Staat géif direkt soen, wat méiglech ass a wat net, amplaz op deen do Wee ze goen.

Gesondheitsfroe si ganz akut ëmmer erëm gestallt ginn am Kontext vum 5G. Do feelen eis einfach nach ganz vill Äntwerten. An dofir wäerte mir eis och enthalen bei dësem Gesetz, well et ass einfach esou, datt mer do ëmmer erëm gesot kruten, och an enger Hellewull vu Question-parlementairen an Diskussiounen: „Jo, do lafen Etüden. Mir mussen kucken. Mir müssen och an Zesummenaarbecht mat internationalen Acteuren déi Gesondheitsfroe klären. Mir si proaktiv.“ Mee et kënnt net vill! Mir wëssen net vill.

Wéi ass et zum Beispill bei deene „Beamen“ am 3,6-Gigahertz-Beräich, wou gesot ginn ass, mir kéinte jo do d'Leit éischter verfolge bei dem Asaz vun esou Technologien? Mee déi Beamen, wéi eng Konsequenzen hunn déi op d'Grenzweierter bei de Stralebelauschungen an esou weider? Alles dat krute mer esou a vagen Terme gesot, awer mir wëssen net, wéi eng Moossunge gemaach gi sinn, wou déi gemaach gi sinn, ënner wéi enge Konditiounen. Do ass einfach an der Kommunikatiounspolitik vun der Regierung a leschter Zäit net vill gelaf.

Et wär awer, mengen ech, wichtig, datt mir, datt de Public en général et géif wëssen, wéinstens emol am 3,6-Gigahertz-Beräich, dee jo agesat gëtt. Beim 26-Gigahertz-Beräich, huet och mäi Virriedner, den Här Hansen, gesot, do gëtt et nach Hesitatiounen, fir deen anzeféieren. An awer hate mer geäntwert kritt, datt déi Wellen am Millimeterberäich 2021 awer scho wéinstens a Pilotprojeten sollte getest ginn. D'Fro ass: Wou? Wéi? Och do wësse mir, oder de Public en général, et eigentlech net. Et gëtt do och Ënnerscheeder.

Den Här Hansen hat elo gesot, déi gréng wäeren der Meenung, dat misst fir d'éischt getest ginn, éier et flächendeckend agesat gëtt. Mir bei der ADR hu wéinstens ëmmer geduecht, datt, wann déi 26 Gigahertz da sollten ageféiert ginn, da wär dat éischter punktuell, entweder an urbane Regioune, wou vill Leit et kéinte gläichzäitig benotzen, oder eeben an Industriegeigenden, wou den Internet of Things eng besonnesch Relevanz huet. Mee eng flächendeckend Notzung mat 26 Gigahertz, dat ass eng aner Diskussioun.

An da stellt sech och d'Fro vu ganz ville klengen Antennen, wat jo besonnesch fir d'Gemengen och eng wichtig Fro ass. Also, mir wëssen net, wat dann elo wierklech déi gesondheetlech Konsequenze sinn a wéi e Genre vun Notzung d'Regierung da wierklech wëllt fir d'26-Gigahertz-Banner aféieren.

D'Kompetitivitéit ass och esou eng Saach. Et ass eis gesot ginn ... Soll ech vläicht eng Minutt waarden, Här Mars Di Bartolomeo, dann ...?

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*. - Dir kënnt weiderfueren.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Geet et?

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*). - Jo, jo.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Ech hoffen, ech stéieren lech net ze vill.

(*Interruption par M. Mars Di Bartolomeo*)

Jo, et ass gutt. Well ech erhoffe mer jo Äntwerte vum Här Staatsminister. Gutt!

Ech wollt da just kucke mat der Kompetitivitéit, och well jo gesot ginn ass, et wär ganz wichtig fir d'Lëtzeburger Economie, datt mer de 5G-Réseau aféieren, fir déi Kompetitivitéit. An do ass gesot ginn, mir kréiche souguer vläicht Entrepreneuren, déi géifen op Lëtzebuerg kommen, wa mer eeben do um Ni-

veau vun der Konnektivitéit an esou weider um alerbeschte Standard wäeren. Mee dann ass d'Fro an der Economie jo: Ma huet sech dat da confirméiert? Gëtt et Entrepreneuren, déi wëllen op Lëtzebuerg kommen, eebe well mer probéieren, an Technologie wéi 5G un der Spëtzt ze sinn?

Wéi ass et mat de Lizenzen? Dat ass eng aner Fro, déi sech ëmmer erëm stellt. Wat gëtt wéini ausgeschriwwen? Mir wëssen eeben elo, an dat huet den Här Hansen jo och betount, datt mer mat deene 26-Gigahertz-Frequenzen nach an enger Onsécherheetsphas sinn. Mee ass un Ausschreiwunge geduecht ginn? Et ass ëmmer de Problem bei deenen Ausschreiwungen, datt mer müssen drop oppassen, datt de Staat Konditiounen schafft, wou säin Interesse vun héije Revenuen, fir Frequenze kënnen ze versteeën, net am Widdersproch steet zu den Investitiounsméiglechkeeten vun den Entrepreneuren, déi herno jo awer mussen kucken, datt déi Frequenzen net esou deier sinn, datt se an hiren aneren ekonomeschen Aktivitéiten kënnen behënnert ginn. Do ass schoonn e Gläichgewicht ze fannen. An et ass, mengen ech, ganz wichtig, datt, wa mer iwwer esou ekonomesch Facteure schwätzen, mer do och e Gläichgewicht fannen.

Vläicht och nach eng Fro - well ech gesinn, d'Zäit ass scho bal eriwuer -, ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Jo.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - ... datt mer vläicht kucken, wéi et am FinTech-Beräich ass. Mir hunn an esou villen internationale Rankingen an Artikelen an esou weider a leschter Zäit gelies, datt Lëtzebuerg just an deem Beräich vun der Finanztechnologie éischter net bei de Spëttereider ass. An dofir ass, mengen ech, eng ganz wichtig Fro: Wéi ass d'Interaktioun tëscht der Regierung an dem Finanzsektor, fir datt, wa mer esou Reseauen aféieren an esou Frequenzberäicher, och d'Finanzindustrie hei zu Lëtzebuerg dovun kann profitéieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et un där honorablen Madamm Nathalie Oberweis. Den Här Marc Hansen huet nach eng Fro.

■ **M. Marc Hansen** (*déi gréng*). - Fir Fait personnel.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Fir Fait personnel.

■ **M. Marc Hansen** (*déi gréng*). - Villmools merci, Här President. Ech wollt just soen, den Här Kartheiser huet mech elo e puermol ernimmt. Ech fannen, et ass begreissenswäert, dass e mer esou gutt nogelauschert huet. Ech wollt awer just soen, zu der flächendeckender Notzung vu 5G am 26-Gigahertz-Beräich huet e selbstverständlech Recht. Dat ass net geduecht, fir dat elo flächendeckend iwwert dat ganz Land ze notzen. Ech hunn domadder gemengt, dass een elo soll Projete maachen, se analyséieren, a flächendeckend heescht dann, dass ee se da mat enger normaler Prozedur eebe kann op deene Plazen setzen, wou se gebraucht ginn, wéi an engem Stadion oder an der Industrie an esou weider. Et war net geduecht, fir elo iwwerall 26-Gigahertz-Frequenzen opzebauen.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci, Här Hansen, fir dës Kloststellung. Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Do si mer eis eens, villmools merci. Mir gesinn dat och esou. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Jo. Très bien! An da wier et un der Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*). - Merci, Här President. Villmools merci och dem Rapporteur vun dësem Gesetz. Wann een den Exposé des motifs vun dësem Gesetz liest, kéint ee jo mengen, dass dësen Text all Problem vun der Digitalisatioun géif léisen: Service universel, bal iwwerall Accès op eng séier Internetkonnexioun, bessere Schutz vum Verbraucher, méi Kontroll vun de groussen Acteuren aus dem Sektore vun den elektronischen Kommunikatiounen. Dat ass alles luewenswäert. D'Digitalisatioun ass och net opzehalen a si huet och positiv Applikatiounen.

Mir stellen eis awer d'Fro, ob d'Reegelwierk, an deem déi grouss Acteuren aus dem Sektore sech beweegen, net nach misst vill méi streng ginn, well d'Digitalisatioun net nëmme eng Politik ass, fir dem Bierger ze hëllefen, mee och e richtege Credo, deen d'Regierungen uechtert d'Welt blann matsangen. Sinn déi gréissten Entrepreneuren an deem Sektore esou räich a grouss ginn, dass se zu engem Staat am Staat gi sinn?

D'GAFAM (ndlr: Google, Apple, Facebook, Amazon et Microsoft), wéi se genannt ginn, beaflosse mëttlerweil eis Politik an eisen Alldag. Hir Strategien, fir ëmmer méi ze wuessen a sech quasi an alle Secteuren vun der Wirtschaft ze implantéieren, sinn aggressiv. Dës Entreprises këmmen sech wéineg ëm de Mënsch. D'Skandalen, an déi si veréckelt sinn, weisen dat kloer. Si këmmen sech net ëm Date-





schutz, si këmmere sech net ëm Aarbechtsrecht, net ëm Steiergerechtegheet an och net ëm de Planéit. An déi Entreprisë sinn iwwerall. Amazon mécht sech breet am Liewensmëttelsector, Microsoft ass an eise Schoulen doheem, Google baut autonom Autoen, Facebook gött zu Meta an assuméiert esou, dass mer gläich an enger digitaler Bulle liewen, am sougenannte „Metaverse“.

Här President, et muss ee sech och ëmmer virun Aen halen, dass am Domän vun den elektronische Kommunikatiounen déi traditionell Rolleverdeelingen tëscht Servicebidder an Endkonsument net méi wierklech richteg sinn. Si si carrement falsch. Eng Persoun, déi op déi verschidde Servicer zrëckgräift, bréngt den eigentleche Service, a Form vu sengen eegenen Daten. Dës Date gi genotzt vu skrupellose Firmen, fir mënschlecht Verhale virauszesoen a mat deem Wëssen ze kapitaliséieren. Wien eist Verhale ka viraussoen, kann et och modifizéieren, upassen, dirigéieren. A wien dat kann, deen huet vill Muecht, ganz vill Muecht! Dat sinn ënner anerem d'GAFAM. Eis Date gi benotzt, fir eis Gedanken ze orientéieren, eis an en ideologeschen Triichter ze drécken, an deem eis schlëmmste Penchanten ugeschwat ginn.

D'Resultater: Fakenews, d'Ënnergruewe vun demokrateschen Institutiounen a carrement demokratesch Krisen. Fir d'GAFAM ass all Stot mat engem Internetuschloss e Prestataire, dee fir näischt schafft. An dat ass net iwwerdrifwen, well et kënn een net méi laanscht si.

Här President, wéi skrupellos déi Entreprisë sinn, hunn d'Dokumente aus de sougenannte Facebook-Files, déi d'Whistleblowerin Frances Haugen ëffentlech gemaach huet, gewisen. Aus deenen Dokumenter geet zum Beispill ervir, dass Instagram - an Dir wësst, Instagram gehéiert Facebook - wouss, dass et negativ Effekter op déi gesegte Gesondheet vu sengen Utilisateuren hätt, virun allem op déi gesegte Gesondheet vun de Jugendlechen. A mir alleguerten hate viru Kuerzem eng Debatt hei a mir wëssen, awéiwäit dës sozial Medie süchteg maachen, souwuel bei deenen Erwuessene wéi bei deene Jonken.

Dogéint gouf awer näischt ënnerholl. Ech kann awer net op all déi Skandalen agoen, well dofir hunn ech eigentlech net genuch Riedezäit. An ech mengen, dass keen heibannen déi huet, onofhängeg vum Modèle de parole.

Här President, dat Gesetz, wat mir haut hei stëmmen, soll ënner anerem also och déi Internetgigante kontrolléieren, fir eng fair Konkurrenz op deem Marché ze hunn. Dat ass, wéi gesot, luewenswäert, mee dat Zil erreeche mir awer mat dësem Text net. Ech zitieren hei aus dem Avis vun der Salariatskummer: « À défaut d'un changement de paradigme dans la législation anti-trust de l'Union européenne par un renforcement d'un contrôle très strict ex ante des acquisitions de ces mastodontes, la concurrence sur les marchés reste une chimère. »

Dëst Gesetz seet och, dass den Accès op eng gutt Internetkonnexioun zu engem abordable Präis zum Service universel soll gehéieren. Och dat ass wichteg, mee wann ee gläichzäitig materiell Servicer, déi jo och zum Service universel gehéieren, zoumécht, dann dréit een derzou bäi, dass déi sougenannte Fracture numérique sech verstärkt. Och dat ass scho vu menge Virriedner ugeschwat ginn. Well haut ass net all Persoun d'selwecht gutt opgestallt, wann et ëm d'Kenntnisser vun deenen neien Informations- a Kommunikatiounstechnologien geet, an et huet och net all Bierger déi selwecht Ufankschancen, fir mat deenen Technologien eens ze ginn. Dofir muss de Staat Guicheten an Agencen ophale fir ze garantéieren, dass all Bierger wierklech gläich behandelt gött.

Virun net allze laanger Zäit ass ugekënnegt ginn, dass zu Esch zwee Postbüroen zoumaachen. Déi zweetgréisste Stad am Land huet just nach ee Postbüro. Ass dat e Service universel?

Duerch d'Pandemie, während där d'GAFAM massiv Gewënner agefuert hunn, huet sech zum Beispill och d'Iddi vun den Teleconsultatiounen duerchgesat. Ass dat e Service universel, wann dat sech duerchsetzt? Mir mengen net.

Här President, mat dësem Gesetz sollen dann och 5G-Frequenzen opgemaach ginn. 5G brauch virun allem d'Wirtschaft, an den ongebandegte Wuess-tuem freet duerno: Internet of Things, autonomt Fueren, Smart City an esou weider. Mee brauchen d'Leit 5G op hirem Handy, fir hir Videoen ze kucken, Messagen ze schécken oder Spiller ze maachen? Froen d'Leit wierklech no 5G? Mir mengen, dass et virun allem d'Wirtschaft ass, déi dat doten dréckt.

Den Déploiement vun der 5G-Technologie muss een awer och diskutéieren. Dat ass eng Technologie, déi dräi- bis véiermol méi Stroum wäert verbrauche wéi hir Vorgänger. Et ass eng Technologie, déi eng ongläublich Multiplikatioun vun Date wäert mat sech bréngen, Daten, déi iergendwou op eng sécher Aart a Weis müssen ofgespäichert ginn. Jo, d'Wëssenschaft weist et ëmmer méi: D'Digitalisatioun ass net onschëlleg - ass net onschëlleg! - un der

Ëmweltkris. Wëssenschaftler hunn ausgerechent, dass den CO<sub>2</sub>-Verbrauch vun enger E-Mail bei 20 Gramm CO<sub>2</sub> läit. Dat kléngt net no vill, mee wéi vill Maile ginn dann esou den Dag verschéckt? A wéi gesäit et aus mat Videostreamen an esou weider?

Dobäi kënnt natierlech, an dat ass och schonn hei zum Deel ugeschwat ginn, dass ganz vill Leit sech Suerge maachen, wat de potenziellen Impakt vu 5G op d'ëffentlech Gesondheet ass. Den Impakt vun elektromagnéitesche Stralungen op d'Gesondheet ass dann och ëmmer méi etabléiert, an och d'Weltgesundheitsorganisatioun erkennt d'elektromagnéitesch Hypersensibilitéit un.

Et geet eis hei net drëms, Här President, den technologesche Fortschrétt opzehalen, mee et geet drëms, dës Fortschrétt ze encadréieren a säin Impakt op d'Gesondheet an d'Ëmwelt ze präiwien. Mir mengen awer, dass dat net genuch geschitt ass an och net genuch geschitt.

Mat deem heite Gesetz komme mir där Saach e bësse méi no, mee awer wierklech, wierklech just e bëssen. Wann den Internet eng sécher Plaz fir jidderee soll sinn, déi de Bierger soll d'Liewe vereinfachen, da muss d'Muecht vun de GAFAM gebach ginn. Et wär vläicht emol en Ufank, wann een déi Entreprisë richteg géif besteieren a si esou géif zwängen, hiren Deel zur Solidaritéit bäizedroen. Mee duerno gesäit et awer nach net aus, well och déi weltwäit Steier op Multinationallen, déi 2023 soll kommen, geet net wäit genuch.

Mee wéi brécht een dann d'Muecht vun den Entreprises, déi esou enorm wichteg gi sinn? Dat ass vläicht déi Fro, déi ee sech wierklech muss stellen. Ech maachen elo net, wéi wann ech déi Äntwert hätt, mee als Deputéiert vun déi Lénk sinn ech awer „droit dans mes bottes“, wann ech soen, dass mir ëmmer do virdu gewart hunn.

Här President, alles muss ëmmer méi séier goen an eiser Gesellschaft an an eiser Economie, ëmmer méi schnell. D'Myriam an ech, mir halen dat wuel och kaum op. Mee dëst Gesetz geet awer och an déi Richtung an ënnerstëtzt och deen ongebandegte Wuessstum an déi ongebandegt Schnellegheet, mat där alles muss no vir lafen.

Mir mengen awer och, dass dat net onproblematesch ass, virun allem, well déi potenziell Konsequenze vun deem ongebremste Wuessstum a vun deenen neien Technologie weéneeg a Fro gestallt ginn. Dat heite Gesetz bréngt zwar och liicht Avancéee mat sech, dat ass och scho gesot ginn, mee stellt déi Course no vir an dee Wuessstum net a Fro.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).** - Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt emol: Eng Stärkung vun der Protektioun vun de Konsumenten am Beräich vun der digitaler Kommunikatioun ass natierlech méi wéi iwwerfällg! Duerfir begrësse mir Piraten och prinzipiell d'Efforten, déi mat der virleiender Direktiv a genau deem Beräich versicht goufen. Mee bleiwe mer éierlech, kucke mer eis déif an d'Aen: Et bleift nach vill ze maachen!

Eng Steigerung vun der Präistransparenz a vun der Konkurrenz um Marché, dat si sécher luewenswäert Ziler, och wann onkloer ass, ob sech doduerch un de Monopolstellungen vun deenen eenzelne grouse Firmen, déi haut scho genannt goufen, iergendepes wäert änneren. A mir freeën eis och, dat Progrèsse gemaach goufen, wat d'Interoperabilitéit ugeet. Dat ass ee vun de Champs-de-bataillen op europäeschem Plang, wou och mir Piraten eis ganz staark derfir maachen.

Mee wann d'EU dann awer gläichzäitig erlaabt, dass grouss Messengerdénsgchter sämtlech Inhalter vun allen Notzerinnen an Notzer duerchscannen dierfe bezéiungsweis müssen, well gemengt gött, dass een esou géint Kannerpornografie an änlech grujeleg Krimineller kéint virgoen, da gesäit een dach awer, dass d'Konsumenten aktuell nach alles anescht wéi am Mëttelpunkt vun dëser Direktiv stinn. An dobäi war et esou gutt ugaangen.

Déi Direktiv, op déi dësen Text zrëckgeet, gesäit an hirer ursprénglecher Form schliisslech vir, dass déi sougenannte „Services de communications interpersonnelles non fondés sur la numérotation“, dat heescht zum Beispill Messengerdénsgchter, ënnert d'E-Privacy-Direktiv géife falen. An dat huet bedeit, dass d'Benotzerinnen an d'Benotzer gewësse Rechte op Privatsphär genéissee konnten.

Mee dës Summer gouf dunn awer nach eng Ausnameregulierung op EU-Niveau gestëmmt, déi en automatiséierte Screening vu Messagen an Inhalter un Internet trotzdem nees erlaabt.

An och d'Debatten iwwert d'Ophiewe vun de Verschlüsselungen vu Messengerdénsgchter heibannen hu jo ëmmer nees fir Opmierksamkeit gesuergt. Dat si sécher keng Stärestonne fir e fräien Internet an d'Recht op Privatsphär gewiescht!

An duerfir kann ech mech och net, wéi aner Riednerinnen a Riedner heibannen, driwwer freeën, dass vill wäert fir de Konsumenteschutz geschéien. Jo, och ech hoffen, dass d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv eppes verbessere wäert. Mee fir wierklech e Schrëtt no vir misste mer ophalen, d'Notzerinnen an d'Notzer ënner Generalverdacht ze stellen an och endlech e Gesetz iwwert d'Sammelkloe stëmmen.

Mir kënnen der Kriminalitéit am Internet net Här ginn duerch flächendeckend Iwwerwaachung. Dat ass eng Illusioun, léif Kolleeginnen a Kolleegen! Mir kënnen d'Kriminalitéit domadder just ëmmer weider an aner donkel Ecker drécken.

Mir gesinn et jo iwwregens: Wann déi eng Plattform ufänkt, Fakenews ze bekämpfen, migréieren d'Leit op déi nächst Plattform. Keen huet hei virun zwee Joer groussaarteg vun Telegram geschwat. Haut ass et do, wou déi, déi mat Gewalt dobaussen un de Grondfeste vun der Demokratie rëselen, sech zsummfannen, well aner Plattformen hir Responsabilitéiten iwwerholl hunn, fir géint gewësse Fake-news virzoeen.

Déi Kriminell fannen ëmmer nees Weeër! Wien also bleift, sinn déi onschëlleg Biergerinnen a Bierger, deenen hir privat Messagen a Posts gescannt ginn.

Wa mer vun der normaler Bréifkorrespondenz schwätzen, da kann dach keen heibanne sech virstellen, dass einfach all Bréif géif opgemaach a gescannt ginn, well no illegalen Inhalter gesicht gött. Firwat akzeptéiere mer da genau dat nimmlech am Internet? Wa mir d'Konsumente wierklech schützen wëllen, da muss mer se och do virdu schützen, systematesch vu grouse Konzernern iwwerwaacht ze ginn, an dat och nach op Demande vu staatlechen Acteuren! Esou eppes dierf et an eisen Aen an enger Demokratie ganz einfach net ginn.

Et gött Situatiounen, an deenen et fir d'Police wichteg ka sinn, am Kader vun enger Enquête Chatverleef, E-Mailen an och aner Onlineaccounts anzege-sinn. Mee da gött et, wéi gesot, e konkrete Verdacht an eng gesetzlech encadréiert Enquête ënnert der Supervisioun vun engem Riichter.

Mir hu Gesetzter, déi esou Enquêtes erlaben. A mir Piraten hu guer kee Problem domat, wann d'Police gewësse Befugnisser kritt, fir hir Enquêtes och am Beräich vun der Onlinekommunikatioun kënnen ze féieren. Mee hei muss et kloer a verständlech gesetzlech Basë ginn an et dierf kee Generalverdacht geschaaft ginn.

Mir bedauern duerfir och, dass bei dëser Transposition d'Recommandatiounen vun der CNPD net zrëckbehalte gi sinn an am Gesetz just Verweiser op aner Texter gemaach ginn, ouni nach eemol an aller Däitlechkeit feststellen, wéini wéi eng Donnéeën u wéi eng Acteuren dierfen oder mussen weidergereecht ginn, bezéiungsweis wéini konkret eng Interception duerch national Autoritéite muss erméiglecht an, jo, souguer facilitéiert ginn. Esou Texter wéi dee virleiende betreffe ganz zentral Rechte vun de Biergerinnen a Bierger a sollten duerfir esou lieserlech wéi méiglech opgebaut an ausformuléiert ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, niewent der Steigerung vun der Transparenz, dem beseren Encadrement vum Marché an, wéi gesot, dem wichtege Punkt vum Konsumenteschutz, enthält de virleienden Text och Dispositiounen iwwer eis Netzer an, jo, och iwwert den Déploiement vun neie Reseauen. An do geet et dann och erëm ëm dat ëmstriddend Thema vum 5G, deem ominéise 5G, dee jiddweree versprach krut, wéi mer déi éischt Impfdosis ugedrot kruten. A schlussendlech lande mer elo beim 2G.

Ech fülle mech e bësse veraarscht, dass mer gesot kruten: „Wann Der geimpft gitt, kritt Der 5G.“ A wat hunn ech elo? Elo hunn ech 2G. Dobäi ka mäin Handy scho 4G!

(*Hilarité*)

Also ganz éierlech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hat alt gehofft, dass mer weinstens 4G géifen halen. Mee bon, da muss een elo ..., elo si mer erëm bei Edge.

Ech verstinn, dass et bei esou neien Theemen Ängschte gött. Mee et erschreckt mech awer heiansdo, mat wat fir enger Technikfeindlechkeit a -phobie och heibannen un dat Thema erugaange gött. Ze maachen, wéi wa Froe géife gestallt ginn, op déi et keng Äntwerte gött, ass och e bëssen ze kuerz gegräff, well op déi meescht Froe gött et Äntwerten. Et muss ee just wäit genuch siche goen an et muss ee sech dann och emol eng Kéier an e wëssenschaftleche Paper aliesen.

A jo, eng Fiber ass méi einfach ze erkläre wéi 5G. Mee et gött awer Länner, an dat si grad déi Virreider an der Digitaliséierung, déi gewisen hunn, dass reng op Kabelen an der Strooss ze setzen éischer eng Technologie vu gëschter wéi eng vu muer wäert sinn.

Genausou verstinn ech net, wéi ee ka soen: „Majo, wéi soll een da säi Webbanking benotzen an Zukunft, wann een den Token net géif huelen?“ Éisch-

tens emol, den Token gött net ofgeschaaft, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Dat ass esou eppes, wann eenzel Banke mengen, se missten dat maachen, dann ass dat eng Relation contractuelle tëschent deene private Banken an net dem Staat.

Ech si souwisou e grouse Fan dovunner, dass mer endlech géifen dee Monopol, dee staatleche Monopol vu LuxTrust opschloen an dass mer géife virgesinn, aneren ënnert der eIDAS-Direktiv Accès zu deem Marché ze gi vun der Signature électronique. Et géif och gutt do, wa staatlech Verwaltungen géifen eIDAS-konform elektronesch Ënnerschrëften akzeptéieren, eppes, wat se bäi Wäitem net iwwerall maachen. Da misste mer eis nimmlech heibannen net iwwert den Toke vun enger privater Firma opreegen, mee mir kéinten eis ëm déi wichteg Saache këmmen, nimmlech dorëmmer, d'Verwaltung méi no bei d'Biergerinnen an d'Bierger ze bréngen, anstatt sech heibanne Scheingefechter driwwer ze liwweren, ob eng Bank dann elo en Token oder e Mobile Token benotzt, ob se d'Scan-App benotzt.

Iwwregens, dat kann een och benotzen, ouni e Smartphone ze hunn. Da kritt een, änlech wéi en Token, esou e kleengt Gerät, mat deem een deen nimmlechte QR-Code scanne kann an da kënn do e Code eraus. Dat heescht, och Leit ouni Smartphone kënnen an Zukunft nach um digitale Liewen deelhuelen, woubäi ech mer d'Fro stellen, ob dat wierklech déi Lutte ass, déi mer müssen hunn, well déi meescht Leit, déi digital participéieren, participéieren hautdesdaags iwwer Smartphonon an net méi iwwer Computeren.

Dat heescht, vläicht hu mer dee falschen Debat heibannen a mir müssen eis d'Fro stellen: Wéi kënnen mer d'staatlech Servicer méi einfach um Smartphone accessibel maachen?, wéi dass mer de Leit soen: „Ma Dir musst e Computer hunn, fir et kënnen ze benotzen.“ Well genau do ass de Problem. Meng Bom gött besser eens mat hirem Handy wéi mam Computer, deen am Büro steet, deen nëmmen all Jubeljoer eng Kéier ugemaach gött fir ze kucken, meeschtens fir d'Steiererklärung auszufüllen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer eppes gesinn hunn an der Covidpandemie, dann: Datt d'Mënschen der Wëssenschaft net méi gleewen, well se mengen, dass d'Wëssenschaftler an d'Politik just mat der Industrie ënner enger Decke géife stiechen. Dat ass en Narrativ, deen net nei ass an dee mir och scho virun der Pandemie héieren hunn, wann et ëm de Klimawandel - dozou hu mer haut jo och eng Motioun - oder eeben ëm de 5G gaangen ass.

Mee elo fänken déi Sujeten un, sech mat de Covid-ängschten ze vermëschen. Ech sot et virdu schonn: Am Ufank gouf eis 5G versprach, elo si mer bei 2G, a mir lafen zu engem Glawen un ee risege staatleche Komplott zesummen, engem Komplott, deen d'Ëmwelt, d'Gesondheet an och d'Technik ëmfaasst, an dat alles op d'Käschte vun - Zitat - „den einfache Leit“.

Dat sinn dramatesch Entwécklungen, a mir müssen dat escht huelen! Mir dierfen dës Leit net einfach als Verréckten mat Aluhutt ofstempelen. Mir müssen op dës Leit an hir Ängschten agoen, wa mer net wëllen, dass se sech ëmmer weider vum Staat a vun eiser Demokratie distanzéieren.

Duerfir mussen mer iwwer all Schrëtt, deen am Beräich vun de 5G-Reseauen gemaach gött, transparent oplären a informéieren, fir nëmmen net de Verdacht opkommen ze loosse, eppes ze vertuschen. D'Kaart mat den Antennen ass e gudden éischte Schrëtt. Se kéint awer méi Donnéeën ëmfaassen, zum Beispill.

An deem Sënn ass et vläicht onglécklech, dass dësen Text elo an eng Phas fällt, an där tëschent Covid a Budget net méi vill ëffentlech Opmierksamkeit iwwregbleift. Mee mir si mat der Transposition vun der Direktiv scho méi wéi hannendran a konnten einfach net nach méi laang waarden. Mee dat soll eis awer elo net drun hënnen, iwwert de virleienden Text, dee jo wierklech extreem laang an duerfir net ganz lieserlech ass, ze informéieren. Nëmme wa mer transparent virginn, kënnen mer Verschwörungstheorië virbeugen.

Här President, ofschléissend wëll ech dann nach eemol resuméieren, dass d'Piraten mam Groussdeel vum virleienden Text averstane sinn, mee dass eis op e puer zentrale Punkten dach awer de Courage feelt, sech fir eng besser Interoperabilitéit staarkemaachen an natierlech d'Protektioun vun de Konsumentinnen a Konsumenten an der Privatsphär an de Mëttelpunkt ze stellen.

Duerfir kënnen mir de virleienden Text net matstëmmen. Mir wäerten eis enthalten. Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*).** - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Medieminister Xavier Bettel.





### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre de la Digitalisation.* - Här President, erlaabt mer fir d'éischt, dem honorabelen Här Knaff e grouse Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, et ass eent vun deenen décke Gesetzer, déi mer hei haut stëmmen. Et sinn 136 Artikelen. Et ass en décke Projet, et ass en technesche Projet, mee et ass awer och e ganz wichtige Projet.

Et ass hautdesdaags ..., mir wëssen et eis net méi virzestellen. D'Evolution vun der digitaler Welt ass eng, déi permanent ass, an d'Kommunikatioun an d'Infrastrukture vun der Kommunikatiounen, d'Service vun onser Gesellschaft gehéieren zum Alldag, zu Aktiounen. Wann ee kuckt - ech weess elo net méi, wéi een honorabelen Deputéierten dat virdu gesot huet -, dass se ëmmer weidergeet an dass d'Evolution permanent ass. Haut ass eng App eppes ... Wann ee virun zéng Joer vun enger App geschwat hätt, dann hätt ee gefrot: „Wat ass dat?“ Hautdesdaags gëtt de ganzen Dag geappet, et gëtt de ganzen Dag geschafft, et gëtt de ganzen Dag och mat där digitaler Welt e Kontakt gewaart.

Dës Crise sanitaire huet eis bewisen, wéi wichtig et ass. Ech hunn et schonn hei gesot an ech insistéieren nach eng Kéier: Déi Crise sanitaire huet bewisen, dass mer duerch déi digital Welt éischters awer och nach e bëssen Normalitéit konnten hunn an där Crise sanitaire. Ech denken un Teletravail, ech denken un Education, un den eLearning. Deen „e“ ass et virdrun ni ginn! Dach, mir hunn den E.T. aus eiser Jugend kannt, mee soss vill „e“ hu mer net kannt. Mee den „e“ ass haut eng Realitéit: eLearning, eSchooling, eWorking, eHealth; „e“, „e“, „e“, déi „e“ gehéieren hautdesdaags zum Alldag an dat ass och eng Realitéit.

A si hunn eis och erlaabt, an där Kris eppes ze hunn, wat awer eng vun de Composanten ass, déi ganz wichtig ass: Kontakt ze behalen. De Face-Time, ouni wëllen elo eng Pub ze maachen, oder de Webex oder egal wéi d'Méiglechkeet, fir a Videokontakt mat enger Persoun ze sinn, déi een net konnt a physeschem Kontakt hunn, huet och ganz vill Leit aus der Isolationsbulle, wou se virdrun dra waren, erausbruecht. Dat heescht, et ass och eng richtig wierklech ganz grouss Realitéit.

Fir eis ass et och wichtig, dass an dës Legislatioun net nëmmen d'Toppoperateuren, vun deene mer jo ëmmer schwätzen - et gëtt ëmmer vun deem selwechte geschwat -, mee och déi OTten, dat heescht Over-the-Top-Players, endlech erakommen, zum Beispill WhatsApp an och Skype, mat deene Beispiller, déi ech och just gesot hunn, déi och eeben eng Realitéit hunn.

Mir gesinn och, dass do ëmmer méi - ëmmer méi esouguer! - doriwwer kommunizéiert gëtt! Ganz vill Leit ruffen nëmmen nach iwwer WhatsApp un, a souguer Verschiddener iwwert d'sozial Medien, wéi se dann erausfonnt hunn, dass se do och engem kennen uruffen, an net méi iwwert den normale Wee.

SMSen: Et wier net oninteressant, eng Kéier souguer ze analyséieren, wéi vill WhatsAppen am Verglach zu den SMSen verschéckt gi fir Chrëscht-dag a wou hautdesdaags scho vläicht méi iwwer WhatsApp oder iwwer Insta oder iwwer Messenger verschéckt gëtt wéi iwwert den normalen SMS; dat ass och eng Realitéit.

Erlaabt mer hei och ze soen: Wann et bis fonctionéiert, da brauch een och Infrastrukturen. An ech weess, ech hunn et scho gemaach, mee ech wëll och zwee Leit hei en extrae Merci soen, well aus Lëtzebuerger Perspektiv sinn dat Leit, déi awer wichtig Acteure waren an deem Ganzen.

Deen een ass de Jean-Louis Schiltz. Ech mengen, wa mer haut wierklech eng Topinfrastruktur hunn, ass et och, well mer deemools e Minister haten - och wann den net a menger Partei ass -, den awer de Courage hat, fir ze soen: „Mir brauchen dat.“ Och wann deemools kee sech bewosst war, dass d'Fiber an all Infrastrukture wichtig waren, deemools huet de Lulu Schiltz et gemaach. A wa mer haut och topp klasséiert sinn, dann ass et eeben och, well hien deemools de Courage hat.

A mir sollen eis och bewosst sinn, an ech sinn elo bestëmmt jo net deen, deen hei elo express wëllt der CSV e Luef ginn, mee och d'Madamm Reding, ...

(*Exclamations et approbation*)

... d'Madamm Reding, wa mer haut am Digitalen, ...

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre de la Digitalisation.* - ... wa mer haut am Digitalen do sinn, wou mer sinn an Europa, ass och ... An, Madamm Reding, Dir hutt deemools jo en Titel kritt vun den Operateuren: Dir sidd jo net méi d'Madamm Viviane Reding, mee d'Madamm Viviane Roaming genannt ginn! Ma Dir sollt dat als Éierentitel huelen!

Deemools hate mir d'Chance, dass e Kommissär och zu Bréissel Efforte gemaach huet, fir dass och an deem digitale Beräich, am Telekommunikati-

onsberäich viles géif gemaach ginn. Dowéinst er ass et fir eis wichtig, och dat hei ze ernimmen.

De Fait ass, an och duerch dës Reegel, dass mer e puer Saachen och änneren, déi wichtig sinn. Ech hu virdu vum Last Mile ... an et ass vu ganz ville Leit och geschwat gi vum Last Mile, et ass geschwat gi vum Vertikalen, vum Horizontalen, vun deem Last Mile, vun de wäissen Zonen. Duerfir hu mer jo och déi Strategie presentéiert! Déi Strategie ass nämlech wichtig, déi mer virun e puer Woche presentéiert hu vum Strategieausbau fir den ultrahaut débit, wou och all déi Punkte mat erakommen.

Ech hunn an där Strategie ..., an Dir wësst, dass jo och am Budget en Deel vum Budget virgesinn ass, fir eeben och - an dat ass och eng Fro, déi hei gestallt ginn ass - deene sozial Schwaachen entgéintzekommen.

Mir kënnen eis net erlaben, dass am Fong déi Fracture, an déi ass virdu beschriwwen ginn, déi digital Fracture eppes ass, déi eeben ofhänkt dovun, wou ech wunnen oder wéi vill Suen ech hunn. Dat geet net! Mir müssen et fäerdegbréngen, dass déi Fracture digitale hei zu Lëtzebuerg net Realitéit ass an dass op jidde Fall déi finanziell Ursach net déi ass, déi dann op eng Kéier d'Leit an den Eck dréckt, dass se och net kënnen do matmaachen. An dowéinst ass et fir eis wichtig, dass do och d'Initiative geholl ginn, fir dass och déi privat Investisseuren do investéieren.

Jo, dat ass dee mannsten attraktiven Deel ganz oft, well et verdéngt een net esou vill dorop. An duerfir ass et wichtig, dass mer do och aktiv ginn.

Ech hunn elo vun den Operateuren geschwat. Mee mir sollen awer och net vergiessen, dass deen doten Text immens wichtig ass fir de Client! Fir de Client. E puer Saachen, dat heescht, d'Informatioun, d'Recht op Informatioun gëtt gestärkt. Kommt, mir sinn eis eens: Wie vun eis huet schonn all déi Konditionne gelies, wann Der en Abo iergendzwoousch ënnerschreiw gitt? Keen. Keen! Et ass ëmmer eng Säit, zwou Säiten, souguer heiansdo dräi, véier Säiten. Dat, wat ee wëllt, ass d'Këscht opmaachen a säin Chip dramaachen an dass et lassgeet.

Dowéinst ass et wichtig, dass an Zukunft ee Recapitulatif am Fong vun deene wichtigste Punkte kënnt. Well ganz oft ass dat ganz kleng geschriwwen; en plus, muss ech lech zouginn, déi lescht Zäit, hutt Der gemierkt, brauch ech och e Brëll, well ech iwwerhaupt net gelies kréien ouni Brëll. Mee zweetens, well een einfach déi Gedold och net huet, fir dat ze liesen, wat alles kleng geschriwwen ass. An duerfir ass et och wichtig, dass do dee Recapitulatif kënnt.

A wann d'Informatiounsobligatioun net gemaach gëtt, dann ass och eng Méiglechkeet, d'Nullitéit vis-à-vis vun deem Kontrakt kënnen anzekloen. Dann ass d'Recht op Transparenz - dat ass och virdu gesot ginn, ech mengen vun Här Hansen, deen dorop insistéiert huet -, dass et awer wichtig ass, dass ee vergläiche ka mat deem, wat ech als Usage normalerweise hunn, an dass ech duerch d'Transparenz dann och eebe ka kucken, wéi een deen ass, dee mer am beschte passt mat deem Profil, deen ech och selwer hunn. Och e wichtige Punkt.

Bei eis geet och de Rendez-vous fir déi nei ultraschnell Internetleitung ..., dat ass och eppes, wat ganz wichtig ass. Virdrun huet d'Madamm Reding och geschwat vun de Pannen, do ass jo eng Motioun eran, mee hei ass bei de Rendez-vousen. Et kann net sinn, dass een e Rendez-vous kritt doheem, dann och nach Congé hëlt, doheem sëtzt an et waart een, an da kritt een no zéng Auer en Telefon: „Jo, mee et geet awer haut net.“ Dat heescht, duerfir ass och eng Contrainte hei virgesi fir d'Operateuren, dass do, wou se zousoen, wou d'Leit och Congé huelen, och dann d'Obligatioun ass ze presentéieren, a soss eeben eng Indemnitéit vun 100 Euro pro Dag - 100 Euro pro Dag! - Retard dann och soll gesprach ginn.

Et sinn och eng Rëtsch vu Punkten, an ech wëll dat och hei soen, Här President, déi dës Chamber, déi dës Chamber erabruecht huet an deen doten Text, déi net an der Direktiv stoungen! An ech wëll och hei der Chamber derfir Merci soen, dass se och deen een oder deen anere Punkt hei am Fong Verbesserung vis-à-vis vum Consommateur bruecht huet.

Mir brauchen eng Digitalisatioun, eng Transformatioun, déi och fir jiddwereen do ass. Mir sollen do och weider Frontrunner bleiwen.

Hei sinn eng Rëtsch vu Froen och gestallt gi vu verschiddene Kolleegen, zum Beispill zum Système d'alerte. D'Inneministesch stoung hei virun e puer Wochen, wou mer och gesot hunn, mir géifen dru schaffen. Soubal de Projet fäerdeg ass fir dee Système d'alerte, wäert dat och hei presentéiert ginn.

D'Aide-socialen hunn ech och scho virdu gesot. De Ministère de la Famille ass amgaangen, drun ze schaffen, fir deene Leit, fir déi et eebe finanziell soss méi schwéier gëtt, fir déi Konnexiounen kënnen ze kréien, do och kënnen ze hëllefen. Fir eis soll déi ganz Strategie - dat heescht, déi vertikal, dass de Kabel net ënnen am Keller sëtzt, mee och eropgeet,

an dass d'Leit och eeben d'Méiglechkeet kréie vum haut Débit - bis 2025 och eng Realitéit ginn.

Iwwert den 3G, iwwert de 4G, iwwert de 5G gëtt jo vill diskutéiert. Dës Regierung huet dës le départ eng Precautiounspolitik gehat. Mir hunn dës le départ eng Precautiounspolitik gemaach. An ech wëll just drun erënneren, dass mer hei zu Lëtzebuerg Normen hunn, déi siwemol bal ... Mir sinn op dräi, an d'Moyenne an Europa, plus ou moins, läit bei 20. Mir si bal 7-mol méi déif wéi déi meescht europäesch Länner, wat eis vläicht manner attraktiv fir deen een oder anere mécht. Mee soulaang een awer net all Informatiounen huet, soll een och virsiichteg dobäi bleiwen.

An Dir hutt virdu vum 5G geschwat. Dir wësst jo, dass och d'Regierung am Kader vu verschiddene Projekten do amgaangen ass, eeben ze kucken, wat d'Repercussiounen oder wat d'Inzidenz eeben ass vu 5G. An ech mengen, fir eis ass et ganz wichtig, duerch déi Projet-pilotten eeben d'Effekter vun dësen Frequenzen och kënnen ze kennen. Dat ass fir de 26 Gigahertz, deen ass jo virdrun och d'Fro gestallt ginn, fir dass een och déi Informatiounen allegueren huet.

A wa mer bis do Decisiounen wëllen huelen, wäert selbsterständlech och eng Consultation publique organiséiert ginn, fir dat dann eeben zesummen ... An ech hunn ... Fir mech war et nämlech immens wichtig, dat mat der Gesondheitsministesch a mat der Ëmweltministesch zesummen ze presentéieren. Well et ass wichtig, dass ee versteet, dass hei net nëmmen en Aspect économique ass, mee och en Aspect sanitaire, en Aspect environnemental, an dass een do kuckt, zesumme konkret Léisungen ze fannen.

De Fait ass, mir kënnen net soen: „Et muss méi séier goen, mir brauchen méi Konnektivitéit.“ Alles „muss“! Ech muss kucken, dass ech ni Interferenzen kréien, wann ech e Film kucken, an op där anerer Säit awer soen ech, ech wëlt awer keen haut Débit hunn, ech wëlt keng Frequenzen hunn. Mir müssen do de richtigen Equiliber fannen. Mee Dir wësst, dass d'Precautioun ëmmer déi war, déi mer hunn, an net nëmmen den Attrait technologique oder den Attrait économique, an dass dat zesummen op eng Wo muss kommen.

Ech soen op jidde Fall all den Deputéierte Merci fir hir Interventiounen an ech soen och Merci der Chamber, dass dësen Text ka gestëmmt ginn, well Dir wësst, dass mer och soss vu Bréissel, also vum Kierchbiere, de béise Fanger gemaach kréien, dat heescht, vun der Kommissioun an da vun der Gerichter. Also merci fir d'Zoustëmmung, also op jidde Fall eng grouss Zoustëmmung, zu dësem Text.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président.* - An ech soen dem Premier- a Medieminister villmools Merci. D'Diskusioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7632. Den Text steet am Document parlementaire 7632<sup>12</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7632 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Elo komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 52 Jo-Stëmme bei 8 Enthaltungen ugeholl.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

*Se sont abstenus :* MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou decidéiert.

### Motions

Da kéime mer zu de Motiounen, déi bei dësem Projet deponéiert gi sinn.

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, wou et drëm geet, dass sech bei enger Pann muss engagéiert ginn, dass et bannent 24 Stonnen erëm soll funktionéieren. Wee wëllt nach zu dëser Motioun Stellung huelen? Den Här Pim Knaff.

■ **M. Pim Knaff** (*DP*).- Jo, Här President, merci fir d'Wuert. Ech géif och der CSV Merci soe fir déi Motiounen, déi se eragereecht huet. Wann Der erlaabt, da géif ech vläicht direkt zu deenen dräi Motiounen Stellung huelen.

Also wat déi éischt Motioun ugeet, wou et drëm geet, wéi gesot, Sanktiounen anzeféieren, wann de Service net géif funktionéieren, do si mer der Meinung, dass et méi effikass wär, de Problem vun der Défaillance de service iwwert d'Mediatioun vun dem ILR ze reegele wéi iwwert d'Gesetz.

Wéi an der Digicom och scho beschwat gi war, bestrooft een hei d'Soustraitanten. Den alternativen Operateur, deen net Propriétaire vum Réseau ass, kann net garantéieren, dass een innerhalb vu 24 Stonnen de Réseau gefléckt kritt. Do géif dann dee klengen Operateur a klengen Acteur bestrooft ginn. Voilà, dofir menge mer net, dass dat déi richtig Solution ass, well den ILR huet och weider keng Infoen driwwer, dass et Panne ginn hätt, déi méi wéi 24 Stonne gedauert hätten.

Wat déi zweet Motioun ugeet, do menge mer natierlech och, dass den ILR onbedéngt sollt eng Kommunikatiouncampagne lancéieren. Den ILR ass awer en independenten Regulateur a mir sinn dofir der Meinung, dass de Gouvernement do net soll interferéieren wéi déi Campagne soll gemaach ginn. Mir sinn awer der Meinung, dass den ILR, esou wéi et och hei vun deene meeschte Parteien gesot ginn ass, soll eng Campagne maachen, fir beschtméiglech iwwer hien an iwwer seng Pouvoiren ze informéieren.

A wat déi drëtt Motioun ugeet, de Recours collectif, do si mer der Meinung, dass mer à ce stade d'Aarbechte vun der Kommissioun, déi sech ëm deen dote Problem këmmert a sech ëm d'Protection du consommateur këmmert, solle respektéieren an dofir elo net iwwer eng Arrière-porte eppes decidéieren, wat net mat de Kolleegen aus där Kommissioun beschwat ginn ass.

De Projet de loi iwwert de Recours collectif concernéiert de toute façon och d'Communication électronique. Dofir géif ech proposéieren, dass mer déi dräi Motiounen net géife stëmmen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci, Här Knaff. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Zu der éischter Motioun: Bon et kann een déi Argumenter vum Pim Knaff elo hei novollzéien oder och net. Ech ka se éischer net novollzéien, well et ass jo esou: Wann de klengen Operateur um Réseau vun engem groussen ass, dann huet en och d'Méiglechkeet, dono Regressfuerderungen ze huelen. Gudde Moien, Här Deputéierte Bettel.

(*Hilarité*)

(*Interruption par M. Xavier Bettel*)

Dat ass ganz léif. Op alle Fall sinn ech der Meinung, dass een do wierklech kéint Regress huelen. Deementspriedend kann déi Fuerderung hei eisen Appui fannen.

Bei der zweeter Motioun muss ech éierlech soen, dass et eis net genau kloer ass, wat den ILR méi oder anescht sollt maachen. Dofir géife mir eis bei där enthalten.

A bei der drëtter Motioun kann ech dann d'Argumentatioun vun der Majoritéitsbank definitiv net verstoe wa mer hei opfuerderen, e Projet ze avancéieren, an dann d'Argument kënnt: „Ma mir mussen mat de Kolleegen aus där Kommissioun schwätzen.“ Ech kucken elo eng Kéier ronderëm mech: D'Bänke sinn haut gutt geféllt. Da kann een definitiv do Récksprooch huelen an da kann een dat och stëmmen, well déi Récksprooch géif dann erginn, dass een do sécher ganz séier kéint weiderkommen. Mir wäerten dat op alle Fall matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci, Här Clement. An dann huet den Auteur vun der Motioun d'Wuert gefrot, d'Madamm Viviane Reding.

■ **Mme Viviane Reding** (*CSV*).- Jo, Här President. Also ech si jo ëmmer oppe fir Argumenter. Mee fir keng Argumenter hunn ech net vill ze verstoen.

(*Hilarité*)

Déi éischt Motioun: Do geet et drëm, esou wéi ech dat erkläert hunn a menger Ried, dass mer genau dat maachen, wat eis däitsch Nopere maachen: Déi hunn e Gesetz - dat heescht Telekommunikationsmodernisierungsgesetz - an déi hu fir de Konsument en Droit ageschriwwen, dass 24 Stonnen, no deem de Konsument gemellt huet, dass den Internet net méi fonctionéiert, d'Reparatur kënnt, ausser wann et e Cas de force majeure ass, selbsterständlech.





Also ech verstinn net, firwat dat bei eis net geet, wann et bei deenen anere geet. An d'Experienz weist jo just, datt déi kleng Operateure méi séier sinn an de Reparatüre wéi déi grouss Operateuren. Frot emol e bësselchen d'Leit dobaussen. Déi kënnen lech dat soen. Also dat heiten ass eppes, wat d'Leit brauchen! Déi, déi Homeschooling maachen, déi, déi doheem schaffen, déi, déi mat hirem Dokter a Verbindung sinn, déi brauchen dat. An de Premierminister huet et jo och ganz kloer gesot. Et geet dach net, datt een e Rendez-vous gemaach kritt an dann huet e sech fräigeholl, fir doheem ze sinn, an da kritt e gesot, dat géif awer elo net goen, se géifen net kommen. Mir mussen eis dach - an dat ass eis Pflicht a Schëllegkeet hei an där Chamber - ëm d'Leit këmmere!

■ **Une voix.**- Richtig!

■ **Mme Viviane Reding** (CSV).- An dat heiten ass indispensabel fir d'Leit dobaussen! Dat ass déi Éischt.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Viviane Reding** (CSV).- Déi Zweet: Mer sinn eis alleguerten eens - an dat hunn e puer Riedner hei gesot - datt eise Regulateur, deen d'Responsabilitéit huet, fir Mediateur ze sinn zwëschent dem Konsument, deen eng Doleance huet, an der Entreprise, déi där Doleance net wëllt nokommen, eng gutt Saach ass.

Wat keng gutt Saach ass, dat ass, datt keen dat do-bausse weess. An dofir hu mer jo gesot: Da kommt, mir maachen eng Informatioun - den ILR mécht déi dann, kloer -, fir datt d'Leit dobausse Bescheed wëssen, datt se sech am Problemfall un den ILR kënnen richten - well dat wëssen d'Leit nämlech net -, ni plus ni moins. Entweder ass een derfir oder dergéint. Et kann een net derfir an dergéint sinn. Dat geet net. Also wann Der dergéint sidd, sidd Der dergéint datt d'Leit informéiert ginn. Wann Der derfir sidd, sidd Der derfir, datt d'Leit informéiert ginn.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Viviane Reding** (CSV).- Elo déi drëtt Motioun.

(**Brouhaha**)

Déi drëtt Motioun - dat hunn ech jo och erkläert - ass déi Fro vun de Sammelklagen. An dat ass jo net hei an d'Gesetz dragemach ginn, well erkläert ginn ass: Mer maachen eist eegent Gesetz nëmmen iwwer Recours collectif. Elo stinn awer an där Proposition de loi, déi d'Regierung op den Dësch geluecht huet fir de Recours collectif, déi hei Problematiken net dran. Elo froe mer dann hei an enger Motioun, datt déi Amendementer, déi ënnerwee si vun der Regierung - d'Regierung huet nämlech gesot, vu datt net alles an deem Gesetz steet, missten Amendementer kommen -, hei net solle vergiess ginn.

Entweder si mer als Deputéiert kapabel, d'Regierung eppes ze froen, wou d'Regierung och emol net dergéint ass, fir et ze maachen, ... Mir soe just: Vergiesst et net, an da kréie mer gesot, dat géif ofgeleent ginn. Also wannechgelift!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Reding. Et ass keng weider Wuertmeldung méi do.

Da kënnen mer zum Vott vun deenen dräi Motioune kommen. Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo);*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non: MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

(**Brouhaha**)

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2.

**Vote sur la motion 2**

De Vott fänkt un. Elo maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 2 ass bei 27 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen an 2 Enthaltungen och ofgeleent.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo);*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non: MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*Se sont abstenus: MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Da kéime mer zum Vott vun der Motioun Nummer 3.

**Vote sur la motion 3**

De Vott fänkt un. Elo maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 3 ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo);*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non: MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

## 5. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des résultats de la 26<sup>e</sup> Conférence des parties à la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques dite COP26

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Resultater vun der COP26. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Max Hahn, d'Madamm Cécile Hemmen, den Här Carlo Back, den Här Fred Keup, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen.

An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Paul Galles als Vertrieeder vun der CSV-Fraktioun, déi dës Aktualitéitsstonn ugefrot huet. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

■ **M. Paul Galles** (CSV).- Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Fro, déi sech haut den Nomëtteg stellt: Ass d'COP Flopp oder Topp? War et eng Blamage oder war et awer e

Succès? War et „bla, bla, bla“ oder huet et eppes bruecht? Ass d'Glas hannen um Enn hallef voll oder hallef eidel? Et ass op alle Fall mol e politesch Beispill, e gutt politesch Beispill fir eng Situatioun, wou tatsächlech e Glas, wat hallef eidel ass, zegläch och kann hallef voll sinn. Firwat ech der Meinung sinn, dass d'COP26 awer hannen um Enn trotzdem e Glas ass, wat hallef voll ass, well ech lech kuerz hei erklären. Ech si ganz fro, Madamm Ministesch, dass mer dat och haut den Nomëtteg hei kënnen mat lech debattéieren.

Villes, wat op der COP26 geschwat ginn ass, ass eigentlech ganz kloer. Den Challenge ass kloer, nämlech als Weltgemeinschaft d'Klimakris ze léisen an eise Beitrag als Länner an och als eenzel Bierger ze leeschten.

D'Zil ass och ganz kloer, nämlech d'Paräisser Ofkommes anzehalen: 1,5-Grad-Celsius-Erwärmung par rapport zur preindustrieller Zäit, oder nach allerechstens 2 Grad Celsius, mee wierklech am beschten 1,5 Grad, dat, wat sech op der COP26 nach eng Kéier als Zil gesat ginn ass.

An d'Prozedur ass och ganz kloer: Sech als ganz Welt ze treffen, gemeinsam Ziler ze definéieren, an d'Länner zrëckzegoen, do déi eenzel Ziler dann ze ratifizéieren, an national Musek ëmzesetzen, dann erëm zrëckzekommen, sech erëm zesummenzesetzen an ze kucken, ob een um richtige Wee ass, an da wann néideg nozejustéieren. Och d'Verantwortung ass mëttlerweil ganz kloer: Et geet ëm eis Zukunft, et geet ëm d'Zukunft vun eise Kanner an eise Kandskanner an et geet drëms, Kippunkten ze vermeiden, déi, wa mer se net vermeiden, eeben esou kippen, dass se herno wäerten irreversibel sinn.

An dobäi, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, gëtt et ganz vill Ënnerstëtzung bei der Sich, fir déi doten Ziler ze erreechen. An zwar ass d'Wëssenschaft och ganz kloer. D'Rapporte vun der IPPC ginn all Joer méi dättelech, an deem, wat se eis mat op de Wee ginn. D'Technologie kann eis immens vill hëllefen. Mir sinn an engem Zäitalter vun enger nach ni gekannter Technologie a Fuerschungsaktivitéit. Och dat moralescht an emotionaalt Verantwortungsgëfill gëtt ëmmer méi kloer fir eis alleguerten, well et ass jo psychologesch ganz kloer: Wann een iwwert d'Klimakris schwätzt, dann ass ee méi engagéiert, wann et op eemol „in my backyard“ ass, wann ee selwer dovun betroffen ass. Dat ass eng ganz al psychologesch Léier. A leider ass et mëttlerweil och esou, dass Lëtzebuerg mat deenen Naturkatastrophen, déi hei geschéien, och direkt betroffen ass.

Dann ass et och ganz kloer, dass dee weltwäiten Austausch eis elo scho kloer Weeër gewisen huet, wéi mer kënnen weiderkommen. D'Politik weess eigentlech u sech, wat den ideale Wee wär. Et ass also villes ganz kloer.

Ech wëll hei och eng Kéier kuerz skizzéieren - an ech wëll dem Carlo Back villmools Merci soe fir déi ganz frëndschaftelech Zesummenaarbecht während där Zäit, wou mer zesummen op der COP26 waren -, wat mir als Parlamentarier eigentlech do als Aufgab haten.

Mir hunn eis dräi Aufgabe gestallt.

Mir waren dobäi beim parlamentareschen Treffe mat all de Parlamentarier aus deenen anere Länner a kruten do ganz interessant Informatiounen, zum Beispill huet och de President vun der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe, deen elo virun e puer Deeg nach hei bei eis an der Chamber op Besuch war, deemools eng ganz vill beuechte Ried gehalen.

Mir kruten awer och iwwer aner Länner erzielt, zum Beispill huet Madagaskar eng ganz staark Interventioun doriwwer gemaach, dass a sengem Land schonn de Klimawandel, d'Klimakris, dozou féiert, dass Mënsche mat hirem Liewe musse bezuelen, an eis alleguerten dättelech gemaach, dass de Klimawandel mëttlerweil scho leider eng Fro vu Liewen an Doud ginn ass.

Mir haten awer och d'Méiglechkeet - an dat ass deen zweete Punkt -, eeben Negociatiounen vun der Regierung matzëkréien. An och hei nach eng Kéier e Merci un lech, Madamm Ministesch, an un déi Lëtzebuurger Delegatioun, dass mer während deenen Deeg d'Geleeënheet haten, mat lech am Austausch ze sinn an och d'Geleeënheet haten, Gesprécher ze féieren an doduerch e bëssen hannert d'Kulissen ze gesinn an ze gesinn, wéi Dir schafft a wat Dir alles gemaach hutt. An och nach eng Kéier e Kompliment a Respekt fir Ären Asaz an deem ganze Beräich vun der Loss-and-Damage-Prozedur, wou Dir d'Aufgab kritt hutt, mat Jamaika zesummen, ze facilitéieren.

Dat Drëtt war eis Aufgab, eis ze treffen an och Méiglechkeeten ze schafen, fir eis mat den Aktivisten, den Organisatiounen an der Zivillgesellschaft auszutauschen. An ech hat mer och eng Kéier en Dag Zäit geholl, fir an d'Greenzone ze goen, déi zwar leider e gutt Stéck ewech war vun der Bluezone, do wou déi politesch Entscheedunge getraff gi sinn. Do zum Beispill hat ech d'Geleeënheet, mat deene Jonken zesummen ze schwätzen, déi mam

Vëlo vu Lëtzebuerg bis op Glasgow gefuer waren. Déi si richtig impressionnant.

Ech hat och d'Geleeënheet, déi Leit kennenzeléieren vun de Jeunes Scientifiques, déi och op d'COP26 invitéiert gi ware vun der Regierung, fir dat Ganzt matzeerliewen. Ech hat d'Geleeënheet, dobäi ze sinn, wéi eng Lëtzebuurger Entreprise den Nohaltegkeetspräis krut fir hiert Gebai, hiren neie Firmesëtz - e Präis, dee wierklech ganz impressionnant ass -, an och, fir en Austausch mat Journalisten ze flegen.

Dat alles ass héich interessant fir eis gewiescht. Trotzdem muss ee soen, dass déi COP26 natierlech och vill Energie kascht. Et ass villes erreecht ginn. Dat 1,5-Gradzil ass kloer definéiert ginn. Et gouf en Accord iwwert de Kuelenausstigt, dee leider am leschte Moment vun Indien a vu China nach e bësse verwässert ginn ass. Et gouf ganz kloer Determinatiounen, fir d'Hëllef fir déi aarm Länner an och fir d'Loss-and-Damage-Prozedur anzelauden. Et gouf Accorden iwwert d'Methanreduzéierung, iwwert d'Ofholzungsreduzéierung, oder souguer de -stopp, an esou weider an esou virun.

An trotzdem, an dorop wëll ech awer och nach kuerz agoen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, gëtt et och e puer Elefante souzesoen am Raum, „elephants in the room“: déi Froen, déi ëmmer iergendwéi am Hannerkapp da matschwiwen an awer dozou féieren, dass een net zu deenen Accorde fënnt, déi een eigentlech kéint a misst zesumme fannen.

Ech wëll se kuerz benennen:

Den éischten Elefant am Raum, dat war ëmmer déi Fro: Woufir solle mir dann iwwerhaupt matmaachen, wann net déi ganz Welt matmécht? An Indien a China hunn do kee gutt Beispill ginn zum Schluss. An déi Fro muss een awer kloer beäntweren. Mir maache mat, och als klengt Lëtzebuerg, well all Land hannen um Enn wäert gefuerdert gi matzemaachen, och mir. An et ass kloer, dass mir als Lëtzebuerg och nach eng Kéier an der ganzer Dynamik vun der EU mat dra sinn. An ech hat och op der COP26 d'Geleeënheet, bei engem Side-Event dobäi ze sinn, eeben iwwert déi dynamesch Roll vun der EU. Dat war deemools mat der rietser Hand vum Frans Timmermans, dat war héich interessant, fir ze gesinn, wat d'EU alles mécht.

Den zweeten Elefant am Raum ass d'Fro vun der historescher Verantwortung. No hanne gekuckt, hu mir eng Verantwortung fir dat, wat elo schonn als Klimaschutz op ville Plazen op der Welt eigentlech scho passéiert, an natierlech no vir gekuckt: Wat ass dann elo eis Verantwortung als Lëtzebuerg mëtten an der EU?, fir och weltwäit dofir ze suergen an dobäi ze hëllefen, dass mer weiderkommen an der Bekämpfung vun der Klimakris.

An och hei ass et dättelech ginn, dass mer net dee selwechte Feeler därefer maache wéi elo an der Coronakris. Et ka jo net sinn, dass awer herno déi industrialiséiert Länner sech alleguerte mat Impfstoff wonnerbar agedeckt hunn, a mir freeën eis doriwwer, mee awer gläichzäiteg - an dat ass elo eppes, wat ech virun e puer Deeg op „Our World in Data“ nagesicht hunn - nëmme 6% vun de Leit aus deene méi aarme Länner bis elo d'Méiglechkeet haten, eng éischt Impfdosis ze kréien. Déi Solidaritéit, déi muss elo an der Klimakris eng ganz aner sinn.

En drëtten Elefant am Raum ass déi Fro vun der ökonomescher Rentabilitéit, vun der Transitioun, vum Bekämpfe vum Klimawandel. An ech mengen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, dass dat déi entscheidend Fro wäert gi vun der nächster Zäit, nämlech, d'Klimapolitik erauszehuelen aus dem Raum vum Ideologeschen a vun der Moral an och vläicht vun der Politik, eriwuer an déi Fro: Wéi gëtt se ekonomesch gestaltet a wéi muss ee se juristescht gestalten? An de Conseil de l'Europe, beziungsweis d'Assemblée générale, d'Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe huet do a leschter Zäit villes ausgeschafft, fir och dem Conseil de l'Europe Iddien ze ginn, wéi se sech juristescht nei kënnen opstellen.

Déi Fro, wéi et ökonomesch wäert gestaltbar sinn, wäert déi entscheidend Fro gi vun der nächster Zukunft. Och hei ass et kloer, dass déi erneierbar Energie mat der Zäit ëmmer méi bëleg wäerte ginn. An et ass och kloer an der Tëschenzäit duerch Rapporten, duerch wëssenschaftelech Recherchen, dass Näschtmaachen elo méi deier gëtt, wéi wa mer elo agräifen an elo eppes maachen. Dat sinn also Suen, déi et sech lount, elo ze investéieren.

An dee leschten Elefant, deen am Raum steet, ass oft d'Fro nom qualitative Wuesstum. Wéi kënnen mer beschtméiglech dee Wuesstum, dee mer wellen - an et ass kee Plädoyer géint Wuesstum -, entkoppele vun CO<sub>2</sub>-Emissiounen? Wéi kann eise Wuesstum wierklech qualitativ ginn?

Nach eng Kéier, et ass net géint de Wuesstum, mee et geet drëms, qualitativen, nhaltege Wuesstum ze hunn, deen CO<sub>2</sub>-neutral gëtt an deen och nach en plus dozou féiert, dass et e PIB du bien-être ass, nämlech dass et de Leit dobäi gutt geet an dass se glécklech sinn.





Dat sinn déi Froen, déi ëmmer als Elefanten am Raum dostinn an déi mussen diskutéiert ginn an nächster Zäit, an dat ass mir an eis héchstwarscheinlech op der COP26 ëmmer méi dältlech ginn.

Erlaabt mer, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach e kuerzt Wuert ze soen ...

An, Här President, wann Der erlaabt, wëll ech just soen, dass hei keng Zäit leeft, soudass ech guer net weess, wou ech zäitlech esou dru sinn.

Mee nach eppes Kuerzes ze soen, ...

**(Interruption)**

O, da schwätzen ech einfach weider! Jo, voilà.

**(Interruptions)**

Et mécht jo awer Spaass!

... e Wuert dozou ze soen, dass mer eebe genau dat doten an national Musek mussen ëmsetzen. An d'COP27 - 27! - an Ägypten, déi wäert héchstwarscheinlech déi COP gi vun der Kontroll vun den nationalen Ziler vun den eenzelne Staaten: Ob dann déi Ziler an d'Ëmsetzung vun den Ziler, net d'Ziler an d'Ambitiounen eleng, mee d'Ëmsetzung vun deenen Ziler, och tatsächlech deem entsprécht, wat mer eis als Weltgemeinschaft virgeholl hunn.

Mir als CSV stinn op alle Fall weider konstruktiv, natierlech och kritesch, der Regierung zur Säit a begleeten déi heite Politik, déi Klimapolitik, konstruktiv-kritesch och mat eegene Virschléi, fir dass mer als Lëtzebuerg déi Ziler wäerten erreechen.

A fir eis sinn och d'Prinzipie vun der Klimapolitik kloer! Et ass de Prinzip vun: De Mënsch ass d'Léisung an net eleng de Problem! An dat bedeit fir eis och, dass mer esou mussen mam Mënsch ëmgoen, dass mer e mussen motivéiere matzemaachen an net ophalen, en ze motivéiere matzemaachen, fir dass d'Klimapolitik endlech och en Häerzensuleies gëtt fir d'Leit hei zu Lëtzebuerg, an dass mer endlech op dee Punkt kommen, wou d'Matmaachen eng instinktiv, selbstverständlech Bereitschaft ass, well mer wëssen: Et geet ëm eis an ëm déi komend Generatiounen.

Et ass awer och de Prinzip vun der Technologieoffenheet. Mir kommen net derlaanscht, eis Gedanken ze maachen iwwer eisen eegene Liewensstil. An ech weess, dass ech mer dee Gedanke selwer fir mech maachen: Wat heescht dat dann elo? Wéi muss ech selwer anescht liewen?

Mee déi Technologieoffenheet ass awer eng grouss Hoffnung, well ech do schonn dovun ausginn, dass an den nächste Joren, an op alle Fall an den nächste Joerzénkten, mee am beschten an den nächste Joren nach, d'Technologie sech ganz staark wäert entwéckelen, Innovatioun wäert geschéien. An dofir ass et wichteg, dass mer technologieoffe bliwen.

Et ass awer och de Prinzip vun enger pragmatischer, realistischer Klimapolitik. Dat wäert dozou bäidroen, dass d'Aussepolitik an d'Kooperationspolitik ganz staark wäerte geprägt gi vun der Klimapolitik; an ech war schonn eng kéier drop agaangen an eisem Numm am Kader vun der Kooperationsdebat. Awer et wäert och dozou féieren, dass mer zu Lëtzebuerg mussen hei fir eis Leit zu Lëtzebuerg gangbar Léisunge fannen, wéi mer alleguerten zesummen CO<sub>2</sub>-neutral kënnen zesummeliewen.

Et ass awer, véiertens, och de Prinzip vun der historischer Geleeënheet, mat där haiteger Kris, wa mer déi bekämpfen, nach eng aner Kris matzabekämpfen, déi eigentlech scho vill méi laang do ass, nämlech déi vun de sozialen Ongläichheeten am eegene Land, awer och an der ganzer Welt. Et ass déi historesch Chance, esou sozial auszegläichen an ze hëlfen a bäizestoen an eis opstellen, dass mer och an der Welt an am Land méi no beieneeréckelen.

An et ass awer och letztlech de Prinzip vun der zentraler Roll vun der Energietransitioun. Ech si fest dovun iwwerzeegt, dass déi Transitioun, déi mer elo mussen packen, virun allem iwwert d'Energietransitioun leeft.

An ech géif mer erlaben, do och eng Fro einfach ze stellen. Ech sinn och ganz frou, dass den Energieminister hei ass. Eebe well déi Fro esou zentral ass, ass déi Fro, déi ech mer gestallt hunn, ob en net eebe grad den Energieministère op der COP26 beziungsweis da COP27, op de weidere COPen nach méi intensiv kéint abauen. Well Dir, Madamm Ëmweltministesch, Dir sidd jo déi ganzen Zäit present, iwwert déi ganz Zäit. An ech hu mech gefrot, ob et net méiglech wär, dat do nach anescht ze kombinéieren an och den Energieminister present ze hu während där ganzer Zäit, wuel wëssend - mir hunn och driwwer geschwat op der COP -, dass verschidde Länner ganz ënnerschiddlech opgestallt sinn an de Kombinatiounen vun hire Ministèren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir ofzeschleissen: Et ass ganz kloer ëmmer nach méiglech, eis Ziler ze erreechen. D'Versprache vu Glasgow féieren am Moment dozou, esou seet d'Wëssenschaft, dass en Zil vun 1,8-Graderwärmung géif erreecht ginn, wann all Mënsch sech géif drun halen. Mir sinn nach net op där Trajectoire! A

mir wëllen eigentlech nach méi déif kommen, nämlech op 1,5 Grad. Dat heescht, mir hunn ëmmer nach Nohuelbedarf a mir mussen nach ëmmer vill schaffen. Mee trotzdem gëtt et eng Perspektiv, dass mer et kéinte packen.

An dofir mussen mer einfach eng Entscheedung treffen, nämlech déi ze soen: „Mir sti voll derhannert, fir d'Zukunft vun eis selwer, vun eise Kanner an eise Kandskanner ze schützen, ze retten a klimaneutral ze gestalten.“

Ech soen lech villmools Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Paul Galles.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn agedroen. Här Hahn Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

■ **M. Max Hahn (DP).** - Merci, Här President. Wann ee weess, wéi et ëm d'Klimakris steet a wéi grouss d'Urgence ass, dann, mengen ech, kann een net zeridde sinn, wéi mir dee Problem als Weltgemeinschaft aktuell uginn.

Wann ee sech bewosst ass, wéi eng potenziell existenziell Bedroung de Klimawandel fir d'Mënschheet duerstellt, da kann een et net gutt fannen, wat um internationalen Niveau geschitt. Et ass evident, dass jiddereen op dëser Welt grouss Efforte muss maachen, fir dass mer d'Kéier nach kréien. Dat gëllt besonnesch fir déi, déi am meeschten Emissiounen ze verantworten hunn. An et sinn awer déi, déi am meeschten op der Brems stinn.

Et ass kloer, dass een net mat den héchsten Erwaardungen an eng COP kann eragoen. Et gesäit ee schlisslech all Dag, wou déi politesch Prioritéite bei Acteure wéi China a Russland leien. An dat ass am Moment éischter d'Oprüstung an d'Duerchsetze vu geopolitischen Interessien, wéi de Kampf géint de Klimawandel.

Wat ass also vun dëser COP26 ze halen?

Eng jonk Madamm, déi mer alleguerte kennen, huet et mat dräi Wieder - „bla, bla, bla“ - resuméiert. Manner provokant, awer net manner bedeitend de President vun der COP26, den Alok Sharma, dee sech a senger emotionaler Of Schlossried derfir entschëllegt huet, dass et schlussendlech just fir en immens verwässert Ofkommen duergaangen ass.

Glasgow ass sécher net mat Paräis ze vergläichen. Deemools war d'Begeescherung grouss, dass sech als Weltgemeinschaft op en Accord géeneeg gouf, d'Ärderwärmung op 1,5 Grad ze begrenzen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Max Hahn (DP).** - Elo, fënnef Joer méi spéit, ass éischter Erniichterung an Enttäuschung ze spieren. Wann een héiert, dass déi eng Länner ëm 2060 wëlle klimaneutral sinn, déi aner eréischt géint 2070, da kënn ee sech schonn e bësse vir wéi am falsche Film.

Eent vun den Hauptziler, en Ofkommen iwwert de Phasingout vun der Kuel ze erreechen, ass verfeelt ginn. Do hëlleft et och näscht, dass Länner wéi China ukënnegen, am Ausland keng Kuelekraaftwierker méi wëllen ze bauen, während se doheem genee domat monter weiderfueren.

Et konnt op der COP26 kee gréisseren Duerchbroch erreecht ginn an dat ass bedauerlech, jo dramatesch. Et kann ee soen: Ma, et si jo awer Accorde fonnt ginn a Saache festgehal ginn! Dat ass wouer an dat wëlle mir als DP och guer net niéieren. Et ass en Accord fonnt ginn, fir d'Ofholze vun de Bëscher bis 2030 ze stoppen. Dat ass gutt. Leider huet Indonesien e puer Deeg duerno gemengt, dass se dat awer net esou enk gesi mam Ophale vun der Zerstéierung vum Reebesch.

An och, wa soss vill Länner den Accord ënnerschriwwen hunn, dorënner och Brasilien, muss ee kloer soen: Weise gëllt. An der Vergaangenheet war de Succès vun esou Initiativen éischter begrenzt. A wann ee kuckt, wéi den aktuelle brasilianesche President sech déi lescht Joren an deem Dossier positionéiert huet, dann dierf een duerchaus gespaant sinn.

Och den Deal, Methanemissiounen bis 2030 ëm 30 % ze reduzéieren, ass jo u sech ze begrëissen. Wann een awer bedenkt, dass déi gréisst Verursaacher vum Methan, Indien, China a Russland, sech net engagéiert hunn, dann ass dat suboptimal.

Här President, ech wëll awer net maachen, wéi wann alles nëmmen negativ wier. Et gëtt och positiv Nouvelles. Dozou gehéiert sécher, dass, no véier Joer Abstinenz, déi gréisst Wirtschaftskraaft vun der Welt erëm bei de Klimanegotiationsen present ass an dass de Klimaschutz am Wäissen Haus nees eescht geholl gëtt.

Am Kader vun der COP26 ass och en Accord presentéiert ginn, laut deem d'Amerikaner an d'Chinesen am Klimaschutz an Zukunft méi enk zesummeschaffe wëllen. Wéi vill dat tatsächlech wäert ass, mussen déi nächst Jore weisen. Als DP hoffe mer jiddefalls, dass d'USA, zesumme mat der EU, erëm

eng féierend Roll an der Welt am Kampf géint de Klimawandel anhuelen.

Dat bedeit engersäits, bei sech doheem eng Virreideroll ze spillen, ambitiéis Ziler unzestriewen a konkret Mesurë séier ëmzesetzen. Mee dat heescht anerersäits awer och, um internationale Plang duerch diplomatescht Geschéck déi Länner mat an d'Boot ze kréien, déi bis elo nach zécken an deenen hiren Engagement net duergeet, fir d'Ärderwärmung ze stoppen.

Als Demokratesch Partei versti mir eis Roll als Lëtzebuerg genau esou. Mir mussen eis Hausaufgaben heiheem maachen, andeems mer eis ambitiéis Ziler ginn an alles drusetzen, fir se ze erreechen. Gläichzäiteg solle mer aner Länner encouragéieren, op dee selwechte Wee ze goen an och hiren Deel ze leeschten. Och wa mer als Lëtzebuerg sécher net zu deene gréisste Pollueure gehéieren, a wann d'Mesuren, déi mer hei huelen, och nëmmen e begrenzten Impakt hunn, kënnen mer awer duerch eis traditionell Roll als Vermëttler um internationalen Niveau méi beweegen, wéi ee menge géif.

Ech wëll drun erënneren, dass Lëtzebuerg och beim Ofkommen vu Paräis an den Negotiationsen eng net onwichtig Roll gespillt huet. Duerch Diplomatie, duerch Verhandele kann eist klengt Land deemno eng méi grouss Roll spillen, wéi een dat unhuele kéint. Ech wëll dowéinst och vun der Geleeënheet profitéieren, fir der Lëtzebuerger Delegatioun Merci ze soe fir hiren Engagement an hir Efforten zu Glasgow.

Et sinn dës Efforten, déi elo iwwert déi nächst Jore weidergefuert mussen ginn, och wann d'Resultater vun der COP26 net esou ausgefall sinn, wéi ee sech dat hätt kënnen wënschen. Elo gëllt et weider ze negociéieren, weider Drock ze maachen an zesumme mat eise Partner weider derfir ze kämpfen, dass mer als Weltgemeinschaft den Accord vu Paräis agehal kréien. Et gëtt einfach keng Alternativ dozou.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech géif dem Paul Galles villmools Merci soen, deen dës Aktualitéitsstonn scho bal traditionsgemeiss ugefrot huet.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Hahn. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).** - Merci, Här President. Madamm Minister, Här Minister, Dir Dammen, Dir Hären, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, d'COP26, et ass ewéi ëmmer: Déi eng luewen d'Resultater, deenen anere geet et net wäit genuch. Mee awer am Resümmee wéilt ech mech der Sozialistin, dem Jytte Guteland, aus der EU-Ëmweltkommission usschleissen, déi gesot huet: „Et war en duusse Schrëtt an déi richteg Richtung.“

Op der COP26 louche vill, ganz vill Erwaardungen. Wann d'Zäit leeft, da ginn d'Stëmmen aus allen Ecken och méi haart. D'Doleancë vu ville Beweegungen, sief et Fridays for Future oder soss Klimaschutzinitiativen, haten och bal de Monopol an der Press während där ganzer Zäit.

D'grouss Reussite war op alle Fall, dass déi grouss a wichteg Acteuren an och déi grouss Länner den dréngenden Handlungsbedarf um Klimanoutstand erkannt hunn, an och net ze vergiessen, dass d'USA, China an och Indien erëm mat derbäi sinn. Mee wat awer méi Zäit vergeet, wat d'Efforten, déi a kuerzer Zäit mussen gemaach ginn, och erëm méi grouss ginn. Et geet drëms, fir gläichzäiteg e Kampf géint de Klimawandel ze féieren. Et geet drëms, Resilienz opzubaue vis-à-vis vu Verännerungen, déi egal wéi komme wäerten, an och Hëllef an Hoffnung ze bidde fir déi, déi aktuell an och an Zukunft vu Katastrophe wäerte betraff ginn.

Einfach Léisunge si schonn ëmgesat. Et gëtt deemno ëmmer méi schwéier. Extrem ongerecht Verdeelung vu Räichtum gëtt accentuéiert. D'Justice climatique ass den Theema, an zu Recht fuerderen d'Entwécklungslänner Ënnerstëtzung. Eng global Kris erfuerdert eng global a fir d'LSAP och eng solidaresch Erausfuerderung.

Denke mer an deem Sënn un de Fait, dass mer an den nächste Joren niewent den Aarmutsflüchtlingen och mat Klimaflüchtlinge wäerte konfrontéiert sinn, déi, pour mémoire, keen Asyl vun der Genfer Flüchtlingskonvention kennen ufroen.

■ **Une voix.** - Richtig!

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).** - Klammer zou. Mee d'Dier maachen ech awer hei grouss op, fir eis opstellen a fir Weichen ze stellen, andeems déi betraffe Länner eng massiv Hëllef kréien, respektiv alles an d'Weeër ze leeden, fir déi legal Migration och kënnen ze erméiglechen.

Als positiv kann een awer och de finanziellen Apport ugesinn: 220 Milliounen fir de Financement climatique international. Lëtzebuerg geet mam gudde Beispill vir.

Erlaabt mer just, a kuerze Wieder och e puer Stéchwierder ervirzehiewen, esou zum Beispill: Ausstig

aus der Kuel. Hei geet et net drëms, fir mam Fanger op aner Länner ze weise wéi Indien a China. Mir solle virun eiser eegener Hausdier kieren.

Fossil Energien: Mir dinn eis schwéier, investéiere konsequent an den Ausbau vun erneierbaren Energien, an awer bleiwen déi energieetesche Sanéierung vu besteeënde Gebaier an noutwenneg Fortschritter bei der Mobilitéit e ganz groussen Challenge.

Elektroenergie: Et bleift och weiderhi bei engem kategoresch Neen zur Atomkraaft!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).** - Waasserstoff: eng interessant Alternativ, déi och elo schonn a verschiddenen Domänen hir Preuvë gemaach huet a bei där mir als Lëtzebuerg onbedéngt mussen vir mat derbäi sinn an och weiderhin Interessé weisen.

D'LSAP hält net vill dervun, d'Ziler um Pabeier ëmmer méi an d'Luucht ze setzen. Wat wierklech zielt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass dat, wat konkret um Terrain geschitt.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).** - Eng verstänneg Ëmsetzung brauch awer och d'Akzeptanz an der Bevëlkerung. D'Ziler mussen realistesch oder awer zumindest wäitgeend realiséierbar schéngen. Tatsaach ass, dass mir a ville Beräicher ganz wäit ewech vun deenen Ziler sinn. Mir mussen eis awer och bewosst sinn, Madamm Minister, Här Minister, dass et fir vill Leit net novollzéibar ass, wéi dat alles soll goen!

D'Regierung muss deemno Efforte maachen, fir ze weisen, dass et ka goen an dass et muss goen an och, wéi et ka goen. Stéchwuert: Kommunikatioun a keen Drock.

Éierlechkeet, mäi lescht Stéchwuert: Éierlechkeet a Bezuch zu Mesuren, déi net ëmsetzbar sinn oder net dat bréngen, wat ee sech erhofft; Éierlechkeet och par rapport zu Präis, par rapport zu deem, wat et kascht; a virun allem och e glafwierdegen Effort, an dat gëllt fir déi generell Thematik, e glafwierdegen Effort, fir sozial Ongerechtegkeeten net weider ze verschärfen.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hemmen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Carlo Back (déi gréng).** - Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Ministesch, Här Minister, jo, ech wëll fir d'éischt dem Här Paul Galles Merci soen dofir, datt en déi Stonn hei ugefrot huet, mee em och Merci soe fir déi flott Deeg, déi mer do zesumme verbruecht hunn.

■ **Plusieurs voix.** - Aa!

■ **M. Carlo Back (déi gréng).** - Ech hu verspuert, datt mer op där selwechter Plaz waren an, ech mengen, och déi selwecht Gefill haten, ...

■ **Plusieurs voix.** - Oo!

**(Brouhaha et hilarité)**

■ **M. Carlo Back (déi gréng).** - ... wéi mer do fort-komm sinn. Jo, dat ass schonn interessant, muss ech soen, dat ze erliewen op esou engem Evenement, wat dach, ech mengen, weesentlech ass fir d'Zukunft vun eiser Welt an, wéi gesot, och fir Lëtzebuerg.

Mam Paräisser Accord hu weltwäit Länner sech fir déi éischte kéier mussen engagéieren, fir mat Klimapläng ze weisen, wéi si gedenken, hir Zäregasemissiounen erfzesetzen an esou d'Zukunft vun der nächster Generatioun ze garantéieren.

2014, d'Joer virum Paräisser Accord, ass d'Welt op eng Erhëtzung vu 4 Grad bis 2100 zougesteiert, eng Erwiermung mat desastréise Konsequenze fir d'Mënschheet an d'Ökosystemer weltwäit.

Haut, no der COP26, leie mir mat de Versprechen aus de Länner hiren nationale Klimapläng a Laangzäitversprechen op enger Trajectoire vun 1,8 bis 2,4 Grad bis Enn des Joerhonnerts. Et ass säit der Paräisser Klimakonferenz a puncto Klimaschutz eng reell Dynamik entstanen, déi ech och perséinlech op der COP zu Glasgow gespuert hunn. Dës Dynamik huet net zulescht och mam europäeschen an och lëtzebuergeschen Engagement fir eng klimaneutral Zukunft ze dinn, an och eng Dynamik fir méi Solidaritéit mat de vulnerabelste Staaten op dëser Welt.

De Glasgow Climate Pact hält fest, datt d'Länner, deenen hir Pläng net dem 1,5-Grad-Zil gerecht ginn, iwwerschaffe Pläng fir déi nächst COP presentéiere mussen. Dëst Joerzénkt ass kruzial, wa mir déi schlémmsten Effekter vun der Klimakris wëlle verhënneren. Och zu Lëtzebuerg mussen mir d'Ärm eropstréppen, fir d'Transitioun vun eiser Gesellschaft a Wirtschaft nach méi schnell virunzebréngen, d'Energieeffizienz an d'Erneierbar ausbauen, fir d'Moosnamen an eisem Klimaplang ëmzesetzen an eis sektoriell Ziler ze erreechen.





Eis Gréng ass et wichteg, datt mir eis dobäi op verlässlech Technik appuyéieren, déi haut ëmsetzbar sinn. Dozou zielt dann och d'Wandenergie, onshore an offshore, déi eis erlaabt, genuch nohaltege Stroum ze produzéieren.

Niewent der Fro vun den 1,5 Grad wëll ech dann och op d'Fro vun der Klimafinanzéierung an op déi vun den irreversible Verloschter a Schied agoen.

Am Glasgower Climate Pact gëtt kloergestallt, datt bis 2025 500 Milliarde Klimafinanzéierung mussen un déi vulnerabel Länner transferéiert ginn. Den Text fuerdert och d'Verduebelung vun de Moyene fir d'Upassung. Datt versprache Suen och effektiv ausbezueelt ginn, ass fir d'Industrienatiounen, fir d'EU, fir Lëtzebuerg eng Fro vu Kredibilitéit a Verantwortung vis-à-vis vun de méi vulnerabele Staaten. Si spieren haut schonn déi stärksten Effekter vun der Klimakris, mee hunn historesch nëmme wéineg zu dëser Kris bäigedroen.

Zu dësen am meeschte geschiedegte Staate gehéiere virun allem d'Inselstaaten. Dozou gehéieren och d'Kapverdesch Inseln, e Land, wat mir jo zënter längerer Zäit a sengen Efforte géint d'Klimakris ënnerstëtzen.

Op eng vun de kruziaalste Froe fir d'vulnerabel Staaten, déi vun den irreversible Verloschter an de Schied, déi duerch d'Klimakris verursaacht ginn, déi sougenannte „Loss and damage“, gouf eis Klimaministesch op der COP26 gefrot, fir d'Diskussiounen zwëschent de Länner op deem Theema ze facilitéieren, dat an Zesummenaarbecht mat Jamaika.

Et gouf festgehalen, datt ee Fong fir Loss and damage soll opgeriicht ginn. Ma d'Modalitéite musen an den nächste Joren ausgeschafft ginn. Dëst gëtt sécherlech dat zentraalt Theema vun den nächste Klimaverhandlungen.

Duerch eis international Klimafinanzéierungsstrategie bis d'Joer 2025 kënnen haut scho Projete vun Noutfallpreparatioun fir Katastropherisiken an och d'Ënnerstëtzung vu Versécherungssolutiounen fir finanziell Klimarisike finanzéiert ginn.

Lëtzebuerg ass also haut schonn aktiv an der Fro vum Ëmgang mat Verloschter a Schied. Vläch kann d'Ministesch hei méi Informatiounen ginn an och soen, wéi si mengt, datt d'Verhandlungen an deem Beräich wäerte weidergoen.

Nach mécht d'Weltgemeinschaft net genuch, fir d'Ärderwiermung op 1,5 Grad ze begrenzen. An dëst Zil muss am Zentrum vun eisen Ustrengunge stoen.

Wéi wichteg dës Grenz ass, huet de Weltklimarat 2018 rappeliert. Bei 1,5 °C Erwärmung hu mir däitlech manner negativ Impakter a puncto extrem Wiederevenementer. Mir Gréng begrëssen dofir ausdrécklech, datt d'1,5-Grad-Zil an d'Erkenntnisser vun der Wëssenschaft eng prominent Plaz an der Ofschlossdeklaratioun kruten. Et ass déi zentral Achs, un där sech d'Klimapolitik soll a muss orientéieren an un där mir eis Resultater musse moossen. D'Politik muss sech och hei op wëssenschaftlech Fakte baséieren.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Back. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Ministesch, Här Minister, ech wëll och ufänken a Merci soen dem Paul Galles, dee mer jo op d'Rees geschéckt haten, fir d'Oppositioun ze verrieden zu Glasgow fir dës Debatt haut de Mëtten.

Et war also erëm COP-UN-Klimakonferenz, dës Kéier am schéine Glasgow; invitéiert hat de brittesche Premier, de Boris Johnson. Wat konnt ee sech erwaarden? Wat ass dobäi erauskomm? Wat bréngt dat Ganzt?

Fir d'Klimaaktiviste war schonn am Virfeld kloer: Si hu sech näischt erwaart. „Bla, bla, bla“, hu se gesot. A jo, dat ass och gréisstendeels richteg, esou ass et och komm, wéi schonn op den anere Klimakonferenzen: D'Resultater sinn Absichtserklärungen, déi net verbindlech sinn, summa summarum schéint Geschwätz. A wat dann och impressionéiert, dat ass, dass an der Chamber dann nach deelweis dat schéint Geschwätz schéigeriet gëtt.

Zu Glasgow ass et haaptsächlech gaangen ëm den Ausstieg aus der Kuelenenergie. Doriwwer ass debattéiert a gestridde ginn. Schlussendlech koom och do net vill derbäi eraus. Et gouf just festgehalen: Den Ausstieg sollt gemaach ginn, wat eeben net heescht, dass et gemaach gëtt. Westlech Industrienatiounen hunn en Ausstieg virgesi fir no 2030, Entwécklungs- a Schwellelänner no 2040, China an Indien, déi zesumme 40 % vun de globalen CO<sub>2</sub>-Emissiounen ausmaachen, schwätze vun 2060 an 2070. A China ass grad amgaangen, 200 nei Kuelekraaftwierker ze bauen.

Duerfir och un déi léif Aktiviste vu Youth for Climate an esou weider: Kommt net hei op de Knuedler bei d'Gemeng protestéieren, mee - just eng lddi -, gitt op Dummeldeng bei déi chinesesch Ambassade!

(*Hilarité*)

An eis lëtzebuergesch an europäesch Klimapolitik arrangéiert d'Chineese jo souguer! Se mécht eis Energie méi deier, méi onsécher, an doduerch ass eis Wirtschaft am Endeffekt méi schwaach. An et féiert dozou, dass weider Industrieanlagen ausgelagert ginn, eebe grad a China.

E chineseschen industriellen Entrepreneur huet et op de Punkt bruecht an huet fir Däitschland gesot: „Mir maachen déi Däitsch mat hiner grénger Klimaaktivitéit elo fäerdeg.“ Dat sinn d'Fakten. D'Unioun, d'Europäesch Unioun ka sech schéin, ambitiéis Ziler ginn - zum Beispill eng Reduzéierung vu 55 % bis 2030 -, déi aner Länner op der Welt wäerten net matzéien. Dat ass de Fazit vu Glasgow.

Mir kënnen eis hei reduzéieren, alles méi deier maachen, eis Industrie schwächen. A wat mir aspueren, dat gëtt einfach op anerer Plaz erausgeblosen. Dat ass d'Realitéit.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Dat och, well mer jo d'Produkte brauchen, déi am Ausland da fabrizéiert ginn, mat vill Energieopwand, mat Seelenen Äerden. Déi Produkte, déi mir an Dir, déi jo esou vill wëllen hei hunn - Elektroautoen, Handyen, Computeren, Solaranlagen, Wandkraaftwierker an esou weider an esou fort -, alles dat muss produzéiert ginn an dat kascht extreem vill Energie.

D'CO<sub>2</sub>-Emissiounen ginn da weider erop. Glasgow ass also alles anscht wéi en Erfolleg, dat muss een zouginn.

An d'Madamm Dieschbourg huet virgesinn, fir 2030 Autoe mat Bensinn an Diesel ze verbidden - do komme mer jo muer nach eng Kéier drop zrëck. Zu Glasgow stoung 2040 am Raum, fir Verbrennungsmotoren ze verbidden, an emol net ee Véierel - et war emol nach däitlech manner -, vun de Länner akzeptéieren iwwerhaupt emol 2040! An da komme mir mat 2030! Ma déi aner laache sech jo vreckt!

An dann ass d'Realitéit jo esou: Déi meeschte Länner, besonnesch Entwécklungslänner, soen, si wiere bereet, eppes ze maachen. Mee de Punkt ass: wa se Geld vun eis kréien! Ma et wëllt awer quasi kee Geld ginn, op d'mannst däitlech net genuch. An dat wäert sech och net änneren. Dat ass d'Realitéit.

A kommt, mir maachen eis och do näischt vir! Et geet deene meeschte guer net ëm de Klimawandel. Déi bewonneren eis och net, wa mir dat maachen. Si wëllen einfach Geld kréien! Dat ass et, Geld!

Tjo, an dann, fir et zesummenzefaassen: Esou fléie mer da vu COP zu COP, d'nächst Joer an Ägypten, mat Dausenden an Dausende vun Aktivisten, mat Dausende vu Journalisten, mat Dausende vu Politiker, déi immens Promien, déi zesummekommen. Dat gëtt schéin. Mee maacht lech net ze vill Hoffnungen!

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Keup. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Pardon, nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Wollt Der mech scho vergiessen, Här President? Merci, Här Galles, fir dës Heure d'actualité. Ech gesinn dat Ganzt awer net esou positiv, leider.

„Alle Jahre wieder!“, kann ee soen, mat Ausnam vum leschte Joer natierlech, wou keng COP konnt stattfannen. All Joer am Dezember féiere mer hei an der Chamber eng dach éischter iwwerflächlech Debatt iwwert den Ausgang vun enger COP an iwwer Klimapolitik am Allgemengen.

Iwwerflächlech dowéinst, well mir keng Zäit hunn, fir vill ze soen a fënnel Minutten, mee awer och, well net op enger wëssenschaftlecher Basis kann diskutéiert ginn, déi déi lescht Donnéeë vun der Klimaschutzpolitik zu a vu Lëtzebuerg strukturéiert zesummendréit.

Aus deem Grond hu mir 2020 bei der Debatt iwwert d'Klimagesetz och mat enger Motioun gefrot, fir dat eemol d'Joer eng Debatt kéint stattfannen op der Grondlag vun engem Rapport vun der Regierung, deen eis déi Zuelen an Informatiounen liwwert, déi mir fir eng zilféierend Debatt brauchen. Dës Motioun ass den 8. Dezember 2020, also genee virun engem Joer, op den Dag genau, och ugeholl ginn hei an der Chamber! Mir hoffen, datt mir da schnellstméiglech kënnen déi Debatt an der Chamber féieren. Wéi Dir och gesinn hutt am Courier électronique, koom haut de Bréif, fir lech nach eng Kéier drun ze erënneren, an ech ginn en einfach pour information hei elo weider.

(*Mme Myriam Cecchetti dépose un document.*)

Fir iwwert d'COP26 zu Glasgow kënnen ze urteelen, ass et wichteg, drun ze erënneren, wat d'Zil vun dësen internationale Konferenzen ass: d'Ärderwiermung op maximal 2 Grad ze limitéieren an awer alles drunzesetzen, fir se ënner 1,5 Grad ze halen. Opgrond vun dëser Zilsetzung war d'COP en Echec, egal, wéi een et dréit. Opgrond vun deem, wat op der COP26 vun deenen eenzelne Staaten ugekënegt gouf, géif eng Ärderwiermung vun 2,4 Grad bis 2100 erauskommen. Haut si mer nach bei 1,2 Grad.

Ass aleng dat scho farlässeg, sou ass e Bléck an déi real Politik et nach méi: Do geet et éischter op 2,7 Grad a méi, jee nodeem, erop. D'Kritiken, déi op der COP26 vu ville Wëssenschaftler an Ëmweltorganisatiounen gemaach goufen, hunn och genee dës Diskrepanz zum Zil gehat. Déi Ziler ginn net mat den néidege politesche Mesuren ënnerfiddert. Dofir bleiwen et och just Ziler a wäerten, Stand haut, net Realitéit ginn. An domat beweege mir eis op deem Planéit op en total verännert Klima zou, mat all de Konsequenze fir d'Liewen op der Äerd, déi mir eis ëmmer besser ausmole kënnen, well mir se scho gesinn an deelweis hei am Land och selwer erliewen.

Dëse Constat treëft och op déi lëtzebuergesch Klimapolitik zou. D'Lach tëscht den deelweis ganz ambitiësen Ziler an deem, wat politesch gemaach gëtt, fir dëser Ambitioun gerecht ze ginn, ass einfach ze grouss. A mir mengen, datt dëst Lach och net ka gestoppt gi mat deene Rezepten, déi an de Kachbicher vun dëser an de meeschte Regierungen weltwäit stinn. D'Zutaten, déi hei ëmmer erëm benotzt ginn, sinn d'Versprache vun neien Technologien, déi net nëmmen alles méi einfach a méi bëleg maache sollen, mee och nach klimafreundlech a ressourcëschounend solle sinn. An dobäi kënn dann ëmmer, wéi d'Salz an der Zopp, d'Privatkapital, wat mobiliséiert gëtt, fir dës Entwécklung hin zu enger héich technologescher grénger Gesellschaft ze finanzéieren.

Dobäi riskéiere vill Leit, op der Streck ze bleiwen, well dëst Kapital ëmmer méi an den Hänn vun enger klenger Minoritéit vun ultraräichen a grousser Konzernern ass, déi sech d'Welt vu muer, ob méi nohaltege oder net, esou erkafe kënnen, wéi si et gärten hätten. Déi wuessend sozial Ongläichheete bei eis an op de meeschte Plazen op der Äerd weisen eis dat ganz däitlech.

Här President, an der Ofschlosserklärung vu Glasgow ass, wéi bei all de COPe virdrun och, d'Opfuerderung aus dem Text geholl ginn, fir d'Extraktioun vu fossillen Energien ze stoppen, mat klaren Deadlines. Ouni dëse Schrëtt ass eng Diskussioun iwwert d'1,5- oder 2-Grad-Zil lächerlech. Besonnesch pikant an deem Kontext ass et, dass während de Verhandlungen zu Glasgow d'EU-Kommissioun annoncéiert huet, fir 30 grenziwwerschreidend Gasprojeten a Milliardenhéicht ze finanzéieren. Dat leet den Androck no, dass eng COP just e Publicity-Evenement ass an dass hannernt de Kulisse weider Decisiounen geholl ginn, déi de wëssenschaftleche Kenntnisstand ad absurdum féieren.

Ee ganz wichtige Punkt op dëser COP war den Artikel 6, wou et ëm d'Marchés carbone geet. En gros ass et d'Méiglechkeet vu räiche Länner an Entreprises, fir déi Emissiounen, déi si selwer net reduzéiere wëllen, duerch Investissementen op anere Plazen ze kompenséieren. Et sinn dës CO<sub>2</sub>-Mäert, déi d'Grondlag solle bidde fir déi sougenannt „Klimaneutralitéit“ ab 2050. Mee dat huet awer en Hoken: Wann ëmmer méi Staaten an Entreprises op dës Instrumenter wëllen zrëckgräifen, da bäisst sech d'Kaz séier an de Schwanz! Dass dësen Artikel den Hauptverhandlungsgéigegstand op der COP war, weist fir eis ganz däitlech, dass déi eigentlech Fro, nämlech d'Reduktioun tout court vun den Zäregasemissiounen an en Ausstieg aus de fossillen Energien, ëmschëfft soll ginn.

Um Enn wëll ech nach ganz kuerz eppes iwwert déi international Solidaritéit soen. Wéi op der COP15 zu Kopenhagen beschloss gouf, fir all Joer ab 2020 100 Milliarden Euro fir d'Länner am globale Süden zur Verfügung ze stellen, gouf scho vu ville Säite kritiséiert, datt dee Montant bei Wäitem net géif duergoen.

Zu Glasgow ass de Kont gemaach ginn an et huet sech erausgestallt, datt nëmmen zirka 80 Milliarden zesummekomm sinn. Lëtzebuerg ass zwar hei ee vun de generësen Donateurs, mee et muss awer och ënnerstrach ginn, datt, opgrond vun héijen Ausstouss, der Wirtschaftskraft an der historescher Responsabilitéit vu Lëtzebuerg, däitlech méi finanziell Mëttele missten deblockéiert ginn.

Wat awer ganz problematesch ass an deem Zesummenhang, ass d'Inkohärenz vun der Politik vun der Regierung. Et ass pueren Zynismus, fir Ukënnegungen iwwer 200 Milliounen Euro international Klimafinanzéierung iwwer fënnel Joer ze maachen, während parallel awer 20 Milliarden Euro Rentecotisatiounen, FDC, a groussen Deeler an Industrië fléissen, déi d'Hauptundreier si vun der ekologescher Kris.

Zu den FDCen hunn déi Lénk iwwregens eng Proposition de loi deposéiert, déi nach ëmmer an ier-

gendengem Tirang läit. Et wär en Zeechen, sech mat dëser ze befaassen an Neel mat Käpp ze maachen, fir an dem FDC ze botzen an dëse méi sozial an awer och ëmweltfrëndlech ze maachen.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Also, d'Erwaardunge fir d'COP26 ware jo sécherlech héich am Virfeld, mee bei mir, sou wéi och bei ganz villen anere Leit, goufen déi jo leider nëmmen enttäuscht. Et ass e ganz kleng fade Kompromëss erauskomm, deen elo net wierklech iergendeppes groussaarteg wäert änneren. Dat hunn och Climate Action Tracker ganz kloer gesot, dass ee mam aktuelle Kompromëss vlächicht op 2,1 bis 2,4 Grad kéim, mee déi 1,5 Grad wäerte leider verfeelt ginn. Fairerweis muss ee soen, wann ee guer näischt mécht, lande mer herno bei 4 Grad. Mee et ass awer nach ëmmer wäit ewech vun den 1,5 Grad!

An dofir verstinn ech och alleguerten déi Jonk, déi sech elo wierklech beschwéieren, an ech mengen, déi Demonstratiounen ware jo net nëmmen op der COP26. Et ass ze luewen, dass déi Jonk dohinnergeflu sinn, fir de Politiker nach eng Kéier mat No-drock ze soen, dass et ëm hir Zukunft geet - et geet ëm de Planéit, et geet ëm net manner wéi de Planéit, dat därer een ni vergiessen! -, dass déi Jonk och nach eng Kéier dohinner gefuer sinn, wou se virdu schonn an den eenzelne Länner all Freiden demonstréiert hu géint hir Regierungen, déi trotz hiren Demonstratiounen an hiren Aen net genuch Klimapolitik maachen, an dat och zu Lëtzebuerg. Och mir haten hir freides Demoen, wou déi Jonk demonstréiert hu géint dës Regierung, dass net genuch geschitt ass. An hir Leitfigur, d'Greta Thunberg, huet dat natierlech och gutt zesummegefaasst, dass einfach nëmme Blabla erauskomm ass an net wierklech iergendeppes Konkreetes. An et hat jo och eng Kéier esou schéin erwänt, dass ee scho gesinn huet, wéi alleguerten déi Privatjetten an déi déck Fligeren do gelangt sinn, dass ee scho wousst, dass déi eenzel Länner net wierklech wëllen haten, iergendeppes ze änneren an déi och am Virfeld schonn ugekënnegt haten, dass net wierklech eng Verännerung sollt kommen.

Wëllt ee weltwäit déi aner Länner dozou bréngen, wéi China an Indien, déi jo mat déi gréisste Blockéierer sinn, da muss een do iwwert d'Ekonomie fueren. Eppes anescht wäerten déi mat Sécherheet net verstoen. Dat heescht, wann déi hir Produkte wëllen hei verkafen, da musse mir higoen a soen, datt déi Produkte mussen e gewëssenen Ëmweltlabel hunn, anescht komme mer do net derhannert. Dat ass déi eenzeg Sprooch, déi nun emol déi Länner wäerte verstoen, well soss blockéiere se och nach déi nächst COPen. Da kënn Der bis op d'COP50 fueren a si wäerten éiweg blockéieren! Well dat Eenzegt, wat do ze verstoe wier, wier, wa mer iwwer eng ekonomesch Léisung géifen déi Länner derzou bréngen, endlech anzesinn, dass et och ëm si geet. Well et mengt ee jo heiansdo, China, Indien an aner Länner, déi géifen op engem anere Planéit liewen. Et mengt een, déi hätten nach ëmmer net matkritt, dass et och ëm hir Länner geet, dass och bei hinnen déi eenzel Naturkatastrophe wäerten asetzen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt ass, dass mer déi Finanzhëlfe fir déi Länner, déi betraff sinn, eropgesat hunn. Dat begrëisse mir Piraten ganz kloer. Natierlech kann een ëmmer soen: „Et geet nach net duer!“ Mee et ass op d'mannst emol deen éischte Schratt. An ech hoffen, dass op deenen nächste COPen dat dote wäert weidergefouert ginn, well dat ass eng vun de groussen Pisten. Well et sinn nun emol Länner, déi och gäre géifen Ëmweltschutz maachen, sech et awer einfach net leeschte kënnen. An do hunn déi Länner, déi mat Ëmweltverschmutzung Geld verdéngen, hir verdammte Responsabilitéit fir ze soen: „Mir ginn deene Länner och eppes vun Kuch of, soudass déi kënnen deementspriedend herno bei sech eenzel de Klimaschutz weiderdroen.“

Et ass awer och net esou, dass Lëtzebuerg elo e Musterschüler wär. Wann een eis Bilane kuckt am Ëmweltschutz, ass dat och elo net dee beschten, Nummer 2 hanner Katar. Also, och mir musse besser ginn. An ech mengen, do muss een och e bësse Kritik ubréngen. Huele mer als Beispill den Tanktourismus, wou mir nach ëmmer ënnergruween, wann aner Länner hir Spritpräisser eropsetzen, fir dass manner CO<sub>2</sub>-Ausstouss ass. Dann ass et nach ëmmer Lëtzebuerg, dat bëllege fossille Brennstoff ubitt hei, an domadder d'Efforte vun zum Beispill Frankräich, déi ganz kloer gesot hunn, dass se de Präis eropgesat hu fir de Brennes, fir eeben en Ëmweltfacteur ze hunn, weiderhin ënnergriefft. Dat ass fir eis Piraten a sech och eng Pist, déi ee muss der Regierung mat op de Wee ginn, dass mer endlech aus deem Tanktourismus erausklammen.

Dat selwecht gëllt fir d'Fonge vun de Renten, déi nach ëmmer finanzéiert ginn iwwert déi eenzel In-





dustrien. Nach ëmmer hu mer do kee Blockage dran, dass dat misst verbuede ginn, nach ëmmer fléisst dora Geld. Alles dat ass eppes, wou mir och zu Lëtzebuerg eis eng Kéier musse mat der eegener Nues huelen.

Huele mer och hei an der Chamber: Mir, d'Piraten, haten d'lescht Joer eng Motioun matbruecht, fir dass all Gesetz soll gekuckt ginn op den Ëmweltimpakt. Se gouf leider ofgeleent. Ech mengen, et sinn allegueren déi kleng Saachen. Et ass esou wéi e Puzzlestück. Och als Lëtzebuerg musse mir virukommen. An dann, wa mer d'nächst Kéier op d'COP ginn, hu mer sécherlech och besser Argumenter, wa mir schonn als Musterschüler, nenne mer et emol sou, do stinn, fir kënnen deementspreechend deenen anere Länner dann nei Moossnamen opzedrücken.

Mi hunn och hei zwou Motiounen matbruecht. Et war jo op der COP26 virun allem drëm gaang, géint déi fossill Brennstoff bezéiungsweis d'Kuel virzegoen. Dofir hu mir haut zwou Motiounen matbruecht.

Déi eng Motioun ass, dass am Tankstellereiseu hei zu Lëtzebuerg eng express net definiert erageschriwwen Unzuel Schnellluedstatiounen op den Tankstelle mussen etabliert ginn. Dat heescht, eng Tankstell, déi fossille Brennstoff verkeeft an hirem Réseau, muss och eng gewëssen Unzuel, an dat hu mer der Regierung opgelooss, un Elektroschnellluedstatiounen bereetstellen, fir dass mer endlech aus deem Tanktourismus an aus dem fossille Brennstoff erauskommen.

An déi zweet Motioun, déi handelt dorëms - an op der COP ass jo vill dovunnet gezielt ginn, mee och Lëtzebuerg huet nach Kuelestrom -, dass mer endlech aus deem Kuelestrom erausginn! Also, mir haten eng Videokonferenz d'lescht Woch, de leschte Freideg Moien, ech war bal doheem vum Bürosstull gefall, wéi do an der Arméi gesot ginn ass, dass do nach verschidde Saache mat Kuelestrom funktionéieren. Dat heescht, ënnert dëser Regierung, souguer am Bilan, deen d'Arméi eis presentiert huet, ass gesot ginn, dass si nach Kuelestrom do dran hunn. Ech war bal vum Stull gefall.

Dofir hu mer haut eng Motioun matbruecht, dass mer aus deem Kuelestrom, aus deem Mix erausklammen, dass Lëtzebuerg deen net méi consoméiert. Well wat bréngt et, wa mir anere Länner wëllen eng Lektioun ginn a selwer awer och nach esou eng, soe mer, verdammt ëmweltkritesch, schonn ëmweltschiedegend Technik weiderhi verwenden?

An ech wollt och nach dem Paul Galles Merci soe fir seng Ufro a seng Heure d'actualité haut. Déi ass mir wierklech vill méi sympathesch, wéi wann d'CSV Aktualitéitsstonnen ufreet, fir d'Aviatioun zu Lëtzebuerg ze stäerken oder fir d'Bensinspräisser erfrozesetzen. Merci.

#### Motion 1

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

- *d'Regierung huet am Koalitiounsofkommes d'Transitioun op d'Elektromobilitéit als e Kärleies definiert, woubäi den Undeel un Elektroautoen op eise Stroossen an den nächste Jore klamme soll;*

- *fir d'Transitioun vun enger fossiller op eng reng elektresch Mobilitéit ze erméiglechen, muss d'Unzuel u Luedinfrastrukture massiv erhéicht ginn;*

- *aktuell existéiert keng Obligatioun, déi virgesäit, dass op den Tankstellen eng Mindestunzuel un effentleche Luedstatiounen disponibel ass.*

*Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:*

- *um gesamten Tankstellereiseu hei am Land virzegoen, dass eng bestëmmten Unzuel un Zapsailen op all Statioun am Land musse Schnellluedstatiounen sinn.*

(s.) Marc Goergen.

#### Motion 2

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

- *den Donnéeë vum Stater no (Composition du mix national de l'électricité fournie aux clients finals) bebréit den Undeel vu fossillen Energien am Stroummix ëmmer nach 30 %;*

- *eng Motioun vum 29. Abrëll 2021, déi am Kader vum Gesetzesprojet 7649 deposéiert an an d'Kommissioun verwise gouf, hat gefrot, fir de Stroummix „atomfräi“ ze kréien. De Minister fir Energie stoung dëser Fuerderung positiv géigeniwwer an huet versprach, an deem Beräich Drock op europäeschem Niveau ze maachen;*

- *den Usproch muss sinn, de Stroummix mëttelfristeg och CO<sub>2</sub>-fräi ze kréien.*

*Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:*

- *bis Enn 2022 ee konkreete Plang virzeleeën, fir de Kuelestrom aus deem „mix résiduel“ auszuschléissen an dëse Plang bis 2030 ëmzesetzen.*

(s.) Marc Goergen.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, Madamm Ministesch fir Klima, Ëmwelt an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Carole Dieschbourg.

#### Prises de position du Gouvernement

■ **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.**- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Härén Deputéiert, erlaabt mir, als Éischt dem Paul Galles Merci ze soen, dass en déi Traditioun bäibehalen huet, fir dass dëst Héicht Haus iwwert den Ausgang vun der leschter Klimakonferenz debatiert. A merci och alle Riedner, déi a sech weisen, wéi gedeelt d'Meenungen dann awer och sinn a wéi gemëscht. An ech mengen, et ass och op deene Klimakonferenzen, deenen Negociatiounen op Weltniveau, eng vun den Essenzen, dass, wann ee wëllt gemeinsam weiderkommen, kee ganz zefridden ass, an dat hu mer an den Negociatiounen oft.

Dofir wëll ech lech och soen: Dës Klimakonferenz war fir mech, an dat ass elo meng perséinlech Aschätzung, no Paräis deen nächste Meilesteen, well mer dann awer ganz wichteg Schrëtt - an op déi kommen ech elo zrëck - no vir gemaach hunn. An awer kënn et zréck an et ass een enttäuscht, datt aus där Dynamik, déi eng ganz Woch laang entstanen ass, wou zum Schluss 195 Partien aus der Welt der Meenung waren, mir kéinten e Phaseout vu Kuel draschreiwen, an zwee, en dernière minute, Indien a China, dee Phaseout net drastoen hunn.

Mee da wëll ech awer zäitgläich soen: Wann dat schued ass a mer doriwwer Bauchwéi hunn, da muss een zäitgläich soen, wann déi Klimakris, déi do ass, och eng Gerechtegkeetsfro hannendrun an als Grond huet, dass mer da musse weider kämpfen, fir dat ze verbesseren, well dee Meilesteen, dee mer gemaach hu gemeinsam als Weltgemeinschaft, dat kann ech lech soen, déi Dynamik, déi war ze spieren. Dofir merci och engem Paul Galles an engem Carlo Back. Awer ech mengen, Dir hutt gemierkt, do war eppes ënnerwee an do ass immens vill gemeinsam geschafft ginn, well déi COP-Presidentschaft hei hat e kloert Zil.

Dofir loosst mech eng Kéier kuerz drop zrëckkommen, wat fir mech déi entscheidend, éischter positiv ze bewäertend Elementer sinn, op déi mer opbaue kënnen als Weltgemeinschaft.

Éischters hu mer gesot: Gëtt dës COP e Succès? Dann hu mer gesot: Bleift dat 1,5-Grad-Zil erreechbar? De Weltklimarot seet eis ganz kloer, dass mir musse Gas ginn a wierklech elo Neel mat Käpp maachen, fir dat 1,5-Grad-Zil um Liewen ze halen. An dat ass awer hei geschitt. Dat ass gestärkt ginn. An déi, déi sech d'Aarbecht gemaach hunn, am Virfeld vun dëser Debatt eng Kéier den Text ze liesen, déi gesi ganz kloer d'Referenzen zum 1,5-Grad-Zil, wat gestärkt ginn ass, a wou ganz kloer am Text gesot gëtt, datt dat dëst Joerzëngt ass, wou muss geschafft ginn. Net nëmme Klimaneutralitéit bis 2050, et ass dëst Joerzëngt mat engem klore neien Zil fir d'Weltgemeinschaft, wat am Text dran ass.

Et ass eng kloer Referenz op d'Wëssenschaft am Text, dat gouf och gesot. Déi Referenz op d'Wëssenschaft, do huet och Lëtzebuerg mat sengem Member vum IPCC, dem Andrew Ferrone, deen am europäesche Kontext vill koordinéiert, säin Deel mat derzou bäizedroen. An dat ass de Moment, wou ech wierklech mengem Negociationsteam Merci soen, wat sech zesummesetzt aus verschidene Ministären, well hei zu Lëtzebuerg hu mer d'Traditioun, dass net nëmme just de Klima- an Ëmweltministère dobäi ass, mee dass mer och Leit aus der Kooperatioun, aus de Finanzen an an dësem Fall och aus der Landwirtschaft derbäi hunn, déi Member sinn am IPCC. An dofir erlaabt mer, och deene wierklech Merci ze soen. Si hu wierklech Dag an Nuecht dōhann geschafft, fir dass mer do als Lëtzebuerg kënnen eng gutt Figur maache bei deenen Negociatiounen.

En zweete wichtige Punkt, mir hunn ëmmer gesot: Dës Klimakonferenz ass e Schrëtt no vir, wa mer d'Regelwierk vum Paräisser Accord fäerdegkréien, well dat war en Zil, dat hu mer schonn zanter Jore gehat. Dat hate mer schonn zu Kattowitz 2018 a mir hunn et net fäerdegkritt. Dës Kéier hu mer et fäerdegkritt a mir hu gutt Reegele gemaach, fir weltwäit Mäert, fir d'Staaten, an e bësse méi Flexibilitéit fir d'Wirtschaft. An ech mengen, dass sech dat ka weise looszen.

A jo, déi international Solidaritéit: Mir sinn e Stéck weiderkomm! A Froe vun Upassung un de Klimawandel ginn definitiv d'Investitiounen net duer. Et ass definitiv och vëlleg kloer, dass d'Länner, d'Industrielänner, déi eigentlech 100 Milliarden ab 2020 versprach haten, do net d'Zil erreecht hunn. Mee mir hunn awer gesot, dat géif verduebelt. Och dat steet an de politeschen Diskussiounen, wat d'Adaptatioun ugeet, d'Efforten, déi haut nëmme e klengen Deel dervun ausmaachen, ganz kloer. A mir hunn e kloren Engagement gemaach, dass et wei-

dergeet. A wa jiddereen änlech vill géif an dee Pott eragi wéi Lëtzebuerg, dann hätte mer dat Zil erreecht. An dat ass e wichtige Message, dee mer musse ginn, dass et awer Beräicher gëtt, wou mer och kohärent si mat deem, wat mer versprach hunn.

Et ass nach vill Aarbecht, verstitt mech net falsch! Déi international Solidaritéit ..., an dozou zielen ech och déi Negociatiounen, déi ech selwer duerft virundreiwen - dat waren déi zu de Klimaschied, wou d'COP-Presidentschaft gefrot hat: „Wëllt Der dat maachen?“ -, déi komplizéiert waren. Do hate mer en Deel vun der Welt, zu deem gehéiert Europa. An obwuel Europa dee gréissten Acteur ass beim Klimafinanzement, ass et awer esou, dass mer natierlech retizent sinn, wann et drëm geet, Gelder vun A op B ze ginn, an dass natierlech d'Inselstaate soen: „Majo, hei sinn awer Schied an déi wäerten irreversibel sinn.“ An do muss ee Brécke bauen.

An do gesinn ech d'Roll an och d'Stärkte vu Lëtzebuerg, mee awer och vun Europa. Well wa mir verhandele ginn op déi Klimakonferenzen, da sti mer op där enger Säit all Moie parat, fir d'europäesch Positioun weiderzedreiwen. Mir sti parat, an de Paul Galles an de Carlo Back waren derbäi fir Meetingen, Bilaterale mat Partnerlänner, wou mer de Suivi maachen, wou mer net extra mussen dohinnerfueren, mee wou mer op de Klimakonferenzen de Suivi maache vun deene konkreete Projeten um Terrain, fir ze weisen, datt do eppes geschitt.

Do schwätze mer och net vun iergendenger anonymer Zomm, mee do schwätze mer vu konkreet Partnerschaften: mat engem Cap Vert, wou mer d'Klimaambitioun eropsetzen, wou mer strategesch Pläng entwéckelen, wou mer konkreet Erneierbarer maachen a Formatioun, mat awer och - an dat ass e Volet, wou Lëtzebuerg schonn dran ass - de Klimaschied! Do ass Lëtzebuerg haut schonn nieft der Upassung un de Klimawandel ... Mir hu jo fifty-fifty. Mir hunn dat och an eiser internationaler Klimafinanzstrategie, déi am Juli dëses Joers jo nach eng Kéier iwwerschafft duerch de Regierungsrot gaangen ass, drastoen, dass mer souwuel Upassung wéi Reduktioun vun CO<sub>2</sub>-Emissiounen wëllen ugoen. A mir hunn haut scho konkreet Projeten an deene Beräicher wéi de Klimaschied, wou nach ganz vill Länner guer net dra sinn.

Ganz konkreet, an ech mengen, de Carlo Back hat dat och e bësse gefrot, net nëmme: Wat hutt dir verhandelt?, mee och: Wou gëtt et dann och haut schonn do Projeten? Well Schottland hat eng grouss Annonce gemaach: eng Millioun! Ma ech kann lech soen, dass Lëtzebuerg an deene leschte Jore scho ganz aktiv war mat 1,5 Milliounen an dem CREWS, dat ass eng Initiativ, déi mer beim Paräisser Accord zesumme mat de Fransousen a mat aneren Acteure lancéiert hunn, wou et ëm Klimarisiken a Fréiwarnsystemer geet, fir déi Leit ze schützen, déi haut schonn extreem Evenementer erliewen.

Dann hu mer och konkreet, an doriwwer hat ech e flotte Meeting mat Fidschi, en Assurancësystem op d'Bee gestallt fir Leit, déi Klimaschied haut schonn erliewen am Fidschi, fir deenen erëm op d'Been ze hëllefen a grad eeben déi Schied bezuelt ze kréien, fir dass se hiert Heem erëm kënnen opbauen, dass se Strategie kënnen entwéckele fir genau déi Beräicher, wou haut de private Secteur guer net dran ass, wou mer nach guer keng gutt Léisungen hunn, fir genau an deene Beräicher uerdentlech ze schaffen. Dëse Projet, fir konkreet ze sinn: och eng Millioun. Dat heescht, mir konnten och erzielen a beleeden a mat de Partner kucken: „Wat braucht Der dann?“ An et ass menger Meenung no e wichtige Volet, deen natierlech op deene Klimakonferenzen net dierf ënnerschat ginn, dass ee konkreet Projete gemeinsam weiderdreift.

An da sollte mer eis Negociatiounen net mat deene groussen Aktiounen an Deklaratiounen verwiesselen. Et gouf e puer grouss Deklaratiounen op dëser Klimakonferenz, déi wierklech ze begrësse sinn. Verschiedener gouden erwänt: déi am Beräich vum Transport, déi am Beräich vu Methanreduktiounen - 30 % Reduktioun bis 2030 -, déi, déi am Beräich si vun de Bëscher, oder och eng gemeinsam Deklaratioun am Beräich Nuklear an Taxonomie, déi mer mat véier Partnerlänner haten.

Dat gehéiert och zu Klimakonferenzen. Mee kommt, mer verwiesselen net international Deklaratiounen, déi manner bindend sinn, mat deem, wat op Klimakonferenzen erauskënnt. Well dat Eent, dat ass eppes, wou eng Weltgemeinschaft negociéiert, verhandelt a sech kloer den Zuch op eng Schinn setzt a wou och musse Resultater derbäi erauskommen. An do gëtt et natierlech Momenter vu Wourecht. An d'nächst Joer wäerte mir weider iwwer Upassungen un de Klimawandel, d'Klimaschied diskutéieren, mee virun allem awer och driwwer, wéi vill méi Ambitioun mer eis da ginn, fir dass dat 1,5-Grad-Zil erreechbar bleift.

Ech hat de leschte Méindeg e längeren Entretien mam Alok Sharma, wou mer nach eng Kéier beroden hunn: „Wéi gi mer elo weider? Wat war dann Äert Gefill an den Negociatiounen?“ A mir wäerten do als Lëtzebuerg um Ball bleiwen.

Mir hunn nach op der COP mat dräi aneren europäesche Länner festgemaach, dass Lëtzebuerg wäert eent vun deene Länner sinn, déi dat neit Santiago-Netzwerk - dat ass eeben dat Netzwerk, wat d'Capacitéite wëllt ausbauen, fir de Klimaschied entgéintzewierken - wäerte matfinanzéieren. Mir hunn op dëser COP, de Xavier Bettel huet et anonciéiert, nach eng Kéier en Annoncement gemaach, fir 20 Milliounen méi an d'international Klimafinanzéierung ze investéieren. Dat heescht, mir sinn op 220 Milliounen fir déi Period bis 2025. An en Deel vun deene Gelder geet genau an déi dote Richtung, wou et grad ëm Klimagerechtegheet an international Solidaritéit geet. An ech mengen, dat si wichtig Decisiounen, déi mer do an deem Beräich geholl hunn.

An natierlech wëlle mer och an Zukunft, Här Galles, dass ënnerschiddlech Ministère mat derbäi sinn. Lëtzebuerg huet et ëmmer esou gemaach. Et war oft esou, dass Ministerkollegee mat begleet hunn. Mee et gëtt awer och Fachkonferenzen, an do wäert den Här Turmes drop agoen.

An, Madamm Cecchetti, Dir hat gefrot no engem Rapport. Dëst Joer hate mer virun der Klimakonferenz am Oktober hei eng Aart Pre-COP mat eiser KlimaExpo gemaach. Mir hunn an enger Pressekonferenz de Punkt gemaach. Dofir, Dir rennt bei mir tatsächlech oppen Dieren an, dass mer dat dote gemeinsam hei an dësem Héijen Haus debattéieren, well Lëtzebuerg muss a wëllt seng Klimaziler heecheem erreechen, genauso wéi mer och wëlle kohärent sinn am Beräich vun der internationaler Klimafinanzéierung.

Domadder soen ech lech Merci fir den Debat. An ech géif, wann et méiglech ass, un de Claude Turmes weiderginn.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Dieschbourg. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo den Energieminister, den Här Claude Turmes.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.**- Merci villmools, Här President. Kollegeen, fir d'Éischt wollt ech der Ëmweltministesch nach eng Kéier Merci soen. Ech mengen, dat, wat déi meescht vläicht zu Lëtzebuerg net matkréien, ass, dass Lëtzebuerg op deenen internationale Klimakonferenzen aus zwee Grënn eng iwwerduerchschnëttlech wichteg Roll huet. Dat Éischt ass: Mir sinn ee vun de grouse Finanzeeuren an der Entwécklungshëllef an an der Klimahëllef. An duerfir hu mir eng ganz héich Kohärenz an Unerkennung och bei den Entwécklungslänner, wann et drëm geet, wéi mer d'Bréck maachen zwëschen deene Länner an den Industrielänner.

Well d'Carole Dieschbourg dat alles eeben och zu Paräis scho fir d'EU verhandelt huet, hu mir als Lëtzebuerg eigentlech do wierklech eng Roll, fir eng Bréck ze maachen zwëschen den Entwécklungslänner an den Industrielänner. Ech si ganz houfreg drop, dass mir als klengt Lëtzebuerg an där Hisiicht esou eng wichteg Roll spillen.

Dat Zweet. Haut ass zu Berlin och e gudden Dag fir déi europäesch a souguer fir déi weltwäit Energie- a Klimapolitik. Haut kréie mer eng nei däitsch Regierung mat grénge Bedeelegung. Mir hu schonn de leschte Méinden eng éischt Koordinatioun mat hire Ministere gemaach an deem Beräich, an ech si ganz optimistes, dass mer grad an der EU-Politik, wou jo ganz vill nei Initiativen elo um Dësch sinn, mat Däitschland elo wierklech och d'EU zu méi Ambitioun bréngen. Mir hunn eng nei erneierbar Richtlinn um Dësch. Mir hunn eng nei Energieeffizienzrichtlinn um Dësch, wou verschäerft gëtt. Mir kréien d'nächst Woch e Méttwoch eng Iwwerschaffung vun der europäescher Gebäuderichtlinie, wou et dann drëm geet, Standarde fir nei Gebaier a ganz Europa op deen Niveau ze bréngen, wou mir hei zu Lëtzebuerg scho sinn, a fir eeben och bei der Renovéierung an Europa weiderzekommen.

An dann, fir all déi, déi mengen, Europa wier China an aneren ausgliwwert: Ech mengen, dat sinn alles Leit, déi verfolgen net am Detail, wat an Europa geschitt an der Klimapolitik! Et läit eng konkreet Positioun vun der EU-Kommissioun um Dësch, fir eng Steier op de Grenzen ze maachen, wann a China Stol mat Kuel produzéiert gëtt. A wann dee méi CO<sub>2</sub> huet wéi de Stol, deen an Europa produzéiert gëtt, da muss ee fir de chinesesche Stol e Strofzoll bezuelen, fir dass et keen Dumping ka si par rapport zu de Produkter, déi an Europa ënner eiser Klimapolitik gemaach ginn. A mir kämpfen elo mat aneren, fir dass dat ëmgesat gëtt. An dat ass schonn en éischte wichtige Schrack.

An dann ass d'lescht Woch eppes geschitt, wou ech och säit Jore wierklech ëmmer erëm probéiert hunn, Bréissel dohin ze kréien: D'lescht Woch huet Bréissel endlech e groussen, weltwäiten Infrastrukturprojet an den Dësch geluecht. Dat ass en demokratesche Géigeprojet zu deem, wat China mécht mat senger Seidestroossen. An dat gëtt eis och d'Méiglechkeet, zum Beispill a Westafrika, wou mer ganz vill vun eisen Zillänner hunn, deene Länner ze





hëllefen, och an hir Stroumnetzinfrastrukturen ze investéieren. An dat ass net nëmmen eng Chance fir d'Klimapolitik weltwäit, et ass och eng Chance fir d'Industriepolitik an d'Aarbechtsplazen an Europa.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.** - Dann op Lëtzebuerg.

(*Interruption*)

Mir maachen eis Hausaufgaben an deem heite Bërich consequent. Déi Woch, wou zu Glasgow verhandelt ginn ass, hat ech d'Chance, dass déi gréisste Solaranlag, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, bei RTL zu Beidweiler an zu Jonglënster, ageweit ginn ass. Dëst Joer, 2021, gëtt dat beschte Joer, wat mer jee haten hei zu Lëtzebuerg bei Solaranlagen: Mir wäerte warscheinlech bal zéngmol méi Solaranlagen dëst Joer opriichten, wéi mer der am Schnëtt opgeriicht hunn an de Jore virdrun. Dat weist, dass mer mat de Leit zesummen, mat de Baueren zesummen, déi dëst Joer massiv vun eise gudden Aspeisepräisser profitéieren, a mat den Industriellen zesummen, wéi zum Beispill RTL zu Jonglënster an zu Beidweiler, weiderkommen.

An da komme mer och gutt weider mat de Wandanlagen. An eng vun den nächsten, wou ech ganz houfreg drop sinn, fir se anzeweien, dat gëtt déi gréisst, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, déi wäert beim Aly Kaes an der Gemeng stoen.

■ **Plusieurs voix.** - A!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.** - An dat weist och, dass vill Buergermeeschteren, egal vu wéi enger Faarf se politesch sinn, sech konkreet zu Lëtzebuerg engagéieren. Dat ass och e Resultat vum Klimapakt.

An der Mobilitéit ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Energieminister, Dir musst sou lues zum Schluss kommen.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.** - Gären. Gitt Der mer zwou Minutten?

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Dat ass vläicht e bësse laang. Dir hutt schonn zwou Minutten iwwerschrott.

(*Brouhaha*)

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.** - Ok, da probéieren ech, dat an enger Minutt ze maachen. Bei der Mobilitéit komme mer och virun. Mir hu bei de Bornen dat beschten Netz no Holland an der ganzer EU. An déi Motioun vun de Piraten ass léif, mee dat, wat Dir frot, dat maache mer schonn, duerfir brauche mer déi net. An och beim Tanktourismus musst Der wëssen, dass dat, wat gefaart gi war, dass nom Covidjoer, wou jo den Dieselverkaf erofgaangen ass, 2021 den Dieselverkaf erëm géif zouhuelen, net ageetratt ass. An dat ass och eng Konsequenz vun eiser geziilter, duusser, awer ganz effikasser Accisëpolitik, déi mer maachen.

Vläicht nach e Wuert zu där zweeter Motioun vun de Piraten. Dat, wat Der frot, ass dat selwecht, wat Der scho gefrot hutt fir Atom. An ech hunn an der Kommissioun erkläert, dass dat technesch net méiglech ass. Déi gutt Noriicht ass awer, dass déi nei däitsch Regierung aus der Kuelekraaft erausklamme wäert, an dat huet natierlech dann och en Impakt op de Stroummix hei zu Lëtzebuerg.

Ech soen lech villmools Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Energieminister. Da Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, Här President, ech soen lech villmools Merci. Ech wollt awer nach vläicht kuerz op een Aspekt agoe vun deene Saachen, déi den Energieminister eis elo hei erkläert huet.

Den Här Energieminister huet eigentlech erzielt, dass hien derfir ass, dass mer eeben Douanestäriffer aféiere fir Produiten aus verschiddene Länner, déi eeben eng aner Politik hunn. Do wollt ech just awer drun erënneren, dass dat eng Rei ekonomesch Effekter huet. Deen éischten ass natierlech, dass, wa mer dat géintiwwer China oder anere Länner maachen, vun deene mer am groussen Ëmfang vun Importer ofhängeg sinn, mer selbstverständlech Retorsionsmoossname kréie vun deene Länner. Dat heescht, déi féiere selbstverständlech och Tariffer a fir europäesch Importer an déi Länner.

An ech wollt och den Här Minister froen, ob e scho weess, wat déi chineesesch Retorsionsmoossname wäerte sinn.

Dat Zweet ass: Wann een Zoll aféiert, Douane - an et ass jo net ëmssoss, dass mer eis hei agesat hu während Joerzénngen, fir dass mer Douanestäriffer solle souwäit wéi méiglech ofschafen, dat hu mer jo och an Europa fäerdegruecht -, ass dat natierlech esou, dass all Importer - an dat sinn der vill, déi vu bausse kommen -, méi deier ginn. Dat heescht, dat gëtt eng zousätzlech Laascht fir déi lëtzebuer-

gesch an europäesch Consommateuren, also en inflationären Effekt.

A meng zweet Fro ass: Weess den Här Minister schonn, wéi grouss den inflationären Effekt vun neien Douanestäriffer mat eise groussen Handelspartner notament an Asie wäert sinn?

An dat Drëtt ass, dass d'Afféierung vun Douanestäriffer selbstverständlech e protektionistesche Gest ass an domadder d'Kompetitivitéit an d'Fakultéit vun der Erneuerung a Moderniséierung vun der Lëtzebuurger Ekonomie an der europäescher Ekonomie laangfristeg schwächt.

Drëtt Fro: Weess den Här Minister, wéi e Schued en der europäescher Ekonomie an der Lëtzebuurger Ekonomie doduerch zoufüügt, dass e protektionistesche Moossnamen un de Grenzen hält?

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Kartheiser. An d'Wuert geet zrëck un den Här Energieminister.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.** - Déi Fro do ass ganz einfach ze beäntweren.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Maja!

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.** - Also, déi Partei, déi ëmmer quasi Lëtzebuerg iwwer alles wëllt stellen, där ass et zimmlech egal, ob et bei der ArcelorMittal eng fair Konditioun ass, wéi si Stol net nëmmen zu Déifferdeng an zu Esch produzéieren, mee och weiderhin an Europa oder an der Welt kënnen verdriewen! Well an deem Mechanismus ass et nämlech och esou, dass déi Entreprises, déi an Europa produzéieren an hir Produkter, wann déi esou gutt sinn, dass se um amerikanesche Marché oder soss an der Welt nogefrot sinn, och eng Ristourne kréie vun deem System. Dat heescht, dat, wat mer hei maachen, Här Kartheiser, dass ass Lëtzebuerg a eng Industrie ze schützen virun Dumping a Lëtzebuerg a senger Industrie ze hëllefen, dass se sech moderniséieren, dass se richteg an d'Richtung gi vu gréngem Stol, vu grénge Pneuen, vu gréngrer Chimie, wéi zum Beispill och bei DuPont, an hinne e gudden internationale Kader duerfir schafen.

An ech mengen, dass dat ganz, ganz wichteg a ganz, ganz gutt ass fir Lëtzebuerg.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Energieminister.

**Motions**

Mir kéimen dann nach zu deenen zwou Motioune.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi freet, dass um ganzen Tankstellereseau eng bestëmmten Unzuel vu Schnellluedstatiounen soll virgesi sinn.

Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Paul Galles.

■ **M. Paul Galles (CSV).** - Merci, Här President. Déi Motioun ass eis ganz sympathesch. Mir wëllten awer froen, ob et méiglech wär, an deem zweeten Tiert „vun der Transitioun vu fossill op eng reng elektresch Mobilitéit“ ze ersetzen duerch „nohaltg Mobilitéit“. Dat schéngt eis vun der Begrëfflecheet hier net esou ambigu ze sinn. Dat kéint ee soss anescht oder falsch interpretéieren. Da kéinte mer déi heite ganz gäre matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Dann huet den Här Keup d'Wuert gefrot.

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Merci, Här President. Bon, Obligatiounen, dat heescht Zwäng, sinn am Fong elo ni esou dat, wat mir ënnerstëtzen. Hei gëtt dat gefuerdert fir op den Tankstellen. Do muss ee jo awer och schonn iwwerleeën, wéi dat praktesch géif ausgesinn. Eng ganz Partie Tankstellen hei am Land hu jo guer keng Plaz, fir esou Saache virzege-sinn. Do si keng Parkplazen, déi fräi sinn. Do ass de Buttek an esou weider an esou fort. Dat heescht, dass praktesch schwéier ëmsetzbar. An da gëtt et jo och aner Plazen, wou esou Opluedstatiounen higestallt ginn.

Wat natierlech richteg ass - an dat ass nach ënnerdriwwen -: Hei steet, dass den Undeel en Elektroautoen an den nächste Jore soll klammen. Also, mir sinn op 2 % a mir wëlle jo, souwäit ech verstanen hunn, op 100 %. Do schwätze mer net vu klammen, do schwätze mer vun explodéieren! Da misste mer d'ganz Land mat Opluedstatiounen vollbauen. Mir wäerte muer nach drop zrëckkommen. Mee ech mengen, och de Staat huet do eng Roll ze spillen op deene Plazen, wou en dat ka maachen - mee do komme mer muer drop zrëck - a wou en et awer bis elo net mécht. Dat heescht, dat heiten ass elo fir eis, fir dat reng op Tankstellen ze reduzéieren, net dee richteg Wee. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Keup. An da géif ech dem Här François Benoy d'Wuert ginn.

■ **M. François Benoy (déi gréng).** - Jo, merci, Här President. Bon, mir wëssen, dass mer zu Lëtzebuerg ganz vill Efforte maachen, fir justement

d'Bornen auszeweien, an dass et och ganz vill Primme gëtt fir d'Elektromobilitéit. Grad esou gutt wësse mer, dass d'Regierung och mat gréisstem Engagement dru schafft, fir justement d'Elektroborne weider auszubauen, dat ënner anerem och an Zesummenaarbecht mat der Ekonomie, fir dass si justement och kënnen séier opluedbar Statiounen iwwerall installéieren, dass et dofir nei Primme gëtt, dass do un neien Texter geschafft gëtt. Dat heescht, dat, wat am Fong an där Motioun hei virgesinn ass, dat, wat d'Iddi dovunner ass, ass eppes, wat souwisou scho laang um Wee ass, ëmgesat ze ginn. Dofir brauche mir déi Motioun hei net, fir dass d'Regierung dat doten ëmsetzt. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Benoy. An dann huet d'Madamm Myriam Cecchetti d'Wuert gefrot, an ech géif duerno dann nach dem Energieminister d'Wuert ginn.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Jo, eis ass déi Motioun hei ganz sympathesch. Mir géife souguer nach ënnert den éischte Punkt en zweete bäisetzen a méi Bornen am öffentleche Raum fuerderen. Well wéi mer dat schonn am Debat vun den Infrastrukture gesot hunn, geet et net duer, de Leit Primmen ze ginn, fir sech en Elektroauto ze kafen, mee mir hunn och eng ganz Rei Leit an der Populatioun, déi keng Garage hunn, dat heescht, déi kënnen sech en net doheem oplueden. An dofir wier et ganz wichteg, dann och am öffentleche Raum nach méi Bornen ze maachen. Voilà. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Cecchetti. Den Här Marc Goergen hat nach d'Wuert gefrot.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Den Här Minister wollt nach eppes soen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech wollt dem Här Minister fir d'lescht d'Wuert ginn. Mee Dir kënnt lech awer eenegen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Mir leien net esou wäit auserneen, Här President. Also, mat nohaltg ass ok, dat kënnen mer gären änneren. Also, d'Iddi ass eigentlech entstanen, well et ass jo eng Affär vun der Gewunnecht am Moment. Wann een en Auto huet, geet een herno op eng Tankstell; et kennt een do säi Shop; et geet ee seng Taass Kaffi drénken. An d'Iddi war ganz einfach, do eng Schnellladedestatioun ze maachen. Do si jo haut déi modern Autoen, 15 Minutten, 20 Minutten, da kann ee weiterfuere. Dat war ganz banal d'Iddi, fir dass mer d'Elektromobilitéit do kënnen virundriewen.

An den Ënnerscheed zu deem, wat Dir scho proposéiert hutt, ass, dass se et hei am Tankstellereseau musse maachen, well soss komme mer do net weider. Mir wëssen, wéi et geet: Si wäerten ëmmer hir Pétrolsproduite bevorzugen an herno gi se dann net op déi Elektromobilitéit. Dofir war d'Iddi mat där Motioun ... Well mer hunn et elo zu Steebrécken gesinn, Dir kënnt sécherlech do nach e puer Erklärungen ginn, mee mir hunn et elo zu Steebrécken gesinn: Do kënnt eng fonkelnei Tankstell, eng risegrouss Tankstell ouni Elektrobornen! Ech mengen, dat ka jo net sinn! Do musse mir als Staat ganz einfach soen: „Wann s Du deng Tankstell baus, wa schonn eng nei Tankstell kënnt, da mussen do och Schnellluedstatiounen sinn.“ Soss kënnen mer eis hei de Mond fuseleg schwätzen an et kënnt näischt. Dat heescht, mir mussen do leider mat engem Gesetz noschaffen.

A wann de Minister schonn op dee Wee geet, dass en dat elo am Fräiwëllege wëllt erreechen a mat Primmen, da wollt ech awer froen, wat dann do gerechent gëtt, wéi vill Tankstellen dat wäerte maachen, bei wéi villen Tankstellen dat da wäert geschéien, well Äert Zil do ass, wann ech richteg verstanen hunn, dass Dir jo wëllt dee selwechte Wee maachen, awer fräiwëlleg. Mir hei an der Motioun froe jo éischter, dass déi Tankstellen, déi opge-maach ginn oder verännert ginn, dat misste maachen. Mat wéi vill rechent Der dann do a wéi soll dee Succès sinn?

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Dir gesitt, Här Goergen, et war jo awer gutt, dass ech lech fir d'éischt d'Wuert ginn hunn. Da kann de Minister elo dorobber äntweren.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.** - Gutt. Villmools merci och, dass Der mer nach eng Kéier d'Geleeënheet gitt, eis Politik bei de Bornen ze erklären. Dat Éischt, wat Der musst verstoen: Mir hunn - an dat ass en europäesche Ranking, dee ge-maach ginn ass -, op 100 km Stroosse gekuckt, dat zweetdichtst Netz a ganz Europa. Et gëtt just ee Land, wat liicht virun eis ass, dat ass Holland.

Firwat ass dat esou? Majo, well mer iwwert de Chargy-System scho méi wéi 1.500 Steckeren hunn, wou d'Autoe sech kënnen oplueden. An elo kommen do dernieft 88 SuperChargyen, vun deene sinn der schonn opgeriicht um Kierchbierg an zu Jonglënster. An an den nächste Woche kommen der elo derbäi op deene Plazen, déi strateegesch wichteg sinn, am wichtegste sinn, an zwar op de groussen Autobunnstankstellen. Dat heescht, do, wou mer

am meeschten Ëmsaz hunn, maache mer och natierlech prioritär elo am meeschten där Stroumbornen. An op déi Escher Autobunn, do kommen der net nëmmen op déi Säit, déi elo Richtung Esch geet, wou déi nei opgeriicht gëtt - do kommen dräi Bornen hin -, mee och op déi aner Säit, fir dass eeben och op där Plaz d'Angebot gutt ass.

An da wäerte mer natierlech och am Rescht vum Land genuch SuperChargyen opriichten. Et kënnt een op Housen, et kënnt een uewen op d'Schmëtt, et kënnt een op d'Strooss Richtung Wolz an esou weider, well et och wichteg ass, dass mer net nëmmen op den Autobunnen an an der Stad där Bornen hunn, mee datt déi och iwwert d'Land flächendeckend do sinn, fir dass all Lëtzebuurger d'Sécherheet huet, dass en à tout moment ka schnell lueden.

Dat ass dat, wat mer eigentlech schonn alles decidéiert hunn. An zousätzlech hu mer virun zwou, dräi Woche mam Franz Fayot en neie Kader geschaf, fir dass d'Acteurs économiques och an d'Bornen investéieren.

Eis Iddi ass, dass d'Leit jo net nëmmen op d'Tankstelle ginn; d'Leit ginn an d'Supermarchéen, d'Leit ginn op de Büro schaffen, si ginn, wa se eng Industrieaarbechtsplaz hunn, dohinner schaffen. Dat heescht, dat wat mir elo maachen, ass: Mir huele 25 Milliounen, fir Subsiden ze ginn, fir op all deene Plazen dann deenen Tankstellen, déi sech nach traue géifen, just fossill ze verkafen, Konkurrenz ze maachen. An ech mengen, dass dat dee beschte Wee ass, fir schnell zu Lëtzebuerg virunzekommen! Duerfir sinn ech iwwerzeegt, dass dat, wat mir maachen, méi schnell ass a méi zilféierend ass wéi dat, wat Dir frot an der Motioun, an duerfir hunn ech jo scho gesot, dass ech eigentlech der Meenung sinn, dass mer déi Motioun net brauchen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Turmes. Ech mengen, da kënnen mer zum Vott vun där Motioun kommen.

**Vote sur la motion 1**

De Vott fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 25 Jo-Stëmme géint 35 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

**Motion 2**

Da komme mer elo zur Motioun Nummer 2, wou et drëm geet, dass soll e Plang virgeluecht ginn, fir de Kuelestrom aus dem Mix résiduel auszuschléisen. Wie wëllt nach zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här François Benoy.

■ **M. François Benoy (déi gréng).** - Jo, merci, Här President. Et ass, wéi de Minister et och grad hei scho prezisiéiert huet: Mir haten an der Pleniëre schonn eng Kéier eng änlech Motioun wéi déi doten, wou et am Fong ëm dat nämmlecht geet, just ëm den Atom. A mir hunn dat och an enger Kommissioun diskutéiert. Mir konnten dem Minister d'Froen dozou stellen a mir hunn Äntwerte kritt, dass dat net geet. Mir hunn awer och genaousou do festgehalen, dass de Minister gesot huet, dass en eis elo weiderhin iwwert de Fortgang dovunner informéiert, also dass mer dee Sujet och nach eng Kéier do traitéieren. Dat heescht, mir brauchen déi heite Motioun och net.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Benoy. Den Här Fred Keup freet nach d'Wuert.

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Merci, Här President. Jo, wa mer dann 30 % ewechhuelen - dat ass dann dat Fossillt - a wa mer déi 10 % Nuklearenergie och





nach ewechhuelen, wat geschitt dann? Je veux bien, mee kuckt emol zur Fënster eraus. Et ass am Moment och keng Sonn, déi schéngt. Ech hunn elo grad gekuckt, mir hunn och keng Wandgeschwindigkeit am Moment, dat heescht, do kënt och kee Stroum méi hier. Et ass einfach d'Realitéit. Där muss een an d'Ae kucken. Et ass einfach déi, dass de Stroum awer iergendwou muss hierkommen! A wa mer op dat doten alles verzichten, da kënnen mer d'Luuchten heibannen ausmaachen. Duerfir kënnen mer dat hei och net matstëmmen.

(*Interruption*)

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Keup. Da freet ...

(*Interruption*)

... den Här Paul Galles d'Wuert.

■ **M. Paul Galles (CSV)**.- Merci, Här President. Si ass natierlech ganz sympathesch, dës Motioun, well se jo eppes verlaangt an erwaart, wat eigentlech wierklech wünschenswäert wär.

Mir hunn awer elo och héieren, wat de Minister seet, nämlech dass et einfach elo technesch net machbar ass. A well mer eis einfach téschent deenen zwee Extremer befanne vun der Wünschenswürdigkeet a vun der technescher Netmachbarkeet, wäerte mir eis hei enthalten, wuel wëssend dass mer eis eigentlech géife wënschen, dass et iergendwann eng kéier technesch machbar wär.

Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Galles. Ech mengen, da kënnen mer ... Nee, den Här Marc Goergen freet nach d'Wuert als Auteur.

■ **M. Marc Goergen (Piraten)**.- Merci, Här President. Natierlech huet den Här Benoy Recht. Mir Piraten sinn do ganz kohärent. Mir hätte gärden den Atomstroum eraus a mir hätte gärden de fossille Stroum eraus. Dat war och elo warscheinlech keng Iwwerraschung, dass mir mat esou enger Positioun géife kommen. Mir sinn do einfach kohärent a mir setzen eis do fir de Klimaschutz an.

Jo, mir hu jo fairerweis och drageschriwwen, dass mer dat mam Atom ... An dass de Minister eis do wäit entgéintkomm ass an dat an Europa wäert uschwätzen, dass mer dat hikréien, dat ass alles ganz korrekt. An och wann de Minister seet: „Déi däitsch Regierung mécht dat!“, souwäit ech dat am Kapp hunn, steet just dran, dass se et „idealerweise“ wëlle maachen. Also et ass elo net, dass se et ganz verbindlech maachen. Ënnert der Madamm Merkel hat ech och schon am Kapp, dass se wollten erausklammen, zwar e puer Joer méi spéit, mee si sinn elo no vir geréckelt an et ass just idealerweis. Et ass och erëm esou e Lastik. Also ech géif mech net drop verloossen, fir eng Motioun ofzeleenen, well eng Regierung an engem anere Land idealerweis iergend eng kéier géif erausklammen.

Also fir eis Piraten ass et kloer: Mir hätte gärden, dass eise Stroum hei zu Lëtzebuerg ..., an ech mengen, mir soen de Leit esou oft, Lëtzebuerg hätt grénge Stroum. D'Leit kafe grénge Stroum, mee da mussen mer awer och kucken, dass do näischt aneres méi dran ass, well ech mengen, soss kënt de Bierger sech awer iergend eng kéier - ech soen elo net veraarscht - vergaukelt vir, well awer nach iergend e fossillen oder Atomstroum dran ass. An dat kënnen mer jo awer net weiderhin esou maachen. Dat heescht, mir müssen do eraus. Wann et iwwert d'Boursë geet, wou de Stroumproduzent herno akeeft a verkeeft, da mussen mer iwwert dee Wee fueren. Mee mir kënnen net op eng COP fueren an anere Länner soen: „Klamm Dir eraus“, an hei konsuméiere mer e selwer weiderhin.

■ **M. Sven Clement (Piraten)**.- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Goergen. An da ginn ech d'Wuert un den Här Energieminister Claude Turmes.

■ **M. Claude Turmes, *Ministre de l'Énergie***.- Vlächcht ganz kuerz - mir haten déi Diskussioun och an der Kommissioun -, et ass esou: Mir hu kommerziell Kontrakter an de Gros vun Stroum, deem zum Beispill hei zu Lëtzebuerg Privatclients notzen, dat ass nogewise grénge Stroum. Mir hunn nach eng Rei industriell Clienten, déi amgaange sinn, quasi ze probéieren, ëmmer dee gönschtegste Präis ze kréien. Déi kafen heiansdo Atomstroum an, déi kafen och heiansdo Kuelestroum an. An do hu mer elo eng Initiativ geholl, zesumme mat der Europäescher Investitiounsbank, fir en Instrument ze schaffen, fir deene Lëtzebuerger groussen a méi klengen Entrepreneuren et méi einfach ze maachen an et méi gönschteg ze maachen, fir sougenannte „Laangfrist-, erneierbar Verträge“ ofzeschleissen. An déi Aarbecht, déi ass elo ugefaang an ech hoffen, dass ech déi d'nächst Joer kann ofschleissen, well da kréie mer nämlech och vun den Industriellen eng konkret Äntwert op Är Fro.

An en attendant muss een, statistesch gesinn, einfach wëssen, well mir an engem westeuropäesche Stroummarché sinn: Soulaang et a Westeuropa nach iergendwou e Kuelekraaftwierk gëtt, taucht dat natierlech an där Statistik op, déi Der erwänt hutt.

Déi gutt Noriicht ass: Déi nei däitsch Regierung huet als Zil 80 % erneierbar Energien! Duerfir, Här Keup, sidd net ëmmer esou depressiv oder negativ. D'Luuchte ginn net aus.

(*Hilarité et interruption par M. Fred Keup*)

Mir sinn um gudde Wee.

An déi aner gutt Noriicht vun haut, déi hutt Der och vlächcht gelies: Et gëtt eng nei grouss Offshore-Wandanlag gebaut an ech sinn immens houfreg drop, dass och do erëm eng vun deene Firmen, déi ech rezent matgeholl hat op Kopenhagen op eng grouss Wandausstellung, dass déi och erëm do dobäi ass, fir déi grouss Offshoreanlagen opzerichten. Dat weist also, dass mir als Lëtzebuerg mat an deem Spill sinn, mat an där Beweegung sinn, fir eraus aus Atom, eraus aus Kuel an esou schnell wéi méiglech a Richtung vun erneierbaren Energien, konsequent hei zu Lëtzebuerg an awer och an Europa.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Minister. An domat kënnen mer zum Vott vun der Motioun Nummer 2 kommen.

**Vote sur la motion 2**

D'Ofstëmme fänkt un. An da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 4 Jo-Stëmmen, 35 Nee-Stëmmen an 21 Abstentionen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Aedem, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles).*

## 6. Motion de M. François Benoy relative à l'action gouvernementale en matière d'énergie nucléaire

(*Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 258 de ce compte rendu*)

A well mer esou gutt amgaang sinn, kënnen mer dann nach zu der Motioun kommen, déi den Här François Benoy am Ufank vun der Sëtzung iwwert d'Nuklearenergie deponéiert huet.

Wëllt nach een d'Wuert zu där Motioun ergräifen? Den Här Paul Galles.

**Discussion générale**

■ **M. Paul Galles (CSV)**.- Jo, merci, Här President. Ech soen och dem François Benoy Merci fir déi Motioun, déi en hei deposéiert huet. All déi Motiounen, déi en am Ufank erwänt, déi am éischten Tiert stinn, déi hu mir als CSV ëmmer, sou wäit ech mech erënneren, matgestëmmt. Dat stëmme mer traditionell mat. Déi heite wäerte mer och matstëmmen. Déi fënnt eis Ënnerstëtzung, well déi Ziler, déi hei dra stinn, ganz novollzéibar sinn.

Da mussen mer awer och konsequent sinn an dann dāerf och eigentlech kee méi do erausgoen an iergendwou eng kéier Nuklearenergie als donkelgréng bezeichnen. Da muss et kloer sinn, dass dat och net de Fall ass.

Zugläch wéilt mer awer ganz gärden och eng kéier en Debat ustoussen eeben iwwert déi Fro - wa mer tatsächlech dann dat Zil hunn, d'erneierbar Energien esou auszebauen an op d'erneierbar Energien ze bauen -, eng Diskussioun, en Debat iwwert d'Sécherheet, d'Energiesécherheet duerch d'erneierbar Energien an natierlech och déi Fro vun enger Energieonofhängegkeet vu Lëtzebuerg a méiglecherweis vun Europa, well mer mëttlerweil jo och mierken, wéi schwier dat Theema ass, wa mer energetesch net onofhängeg sinn als Europa, well eis Ofhängegkeet eis dann natierlech och an eng Präis-spiral kéint erandriwen, déi net gesond ass.

Dat wier wierklech interessant eeben dann an deem Moment, dat och ze begleeten an zugläch dat heien ze maachen. Déi heite Motioun fënnt op alle Fall eis Zoustëmmung.

Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Paul Galles. An dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci och fir deen Text, dee mer hei presentéiert kruten. Ech ginn lech eng politesch an eng realpolitesch Äntwert.

Déi politesch ass, datt mer hei am Land e Konsensus hunn, notamment weinst Kettenuewen. Och d'ADR gehéiert net zu de Frënn vu Kettenuewen a mir wëllen och elo net d'Regierung schwächen an deem Stadium, wou mer elo sinn, soudatt mer dat hei och matstëmmen.

Ech ginn awer och eng realpolitesch Äntwert: Déi realpolitesch Äntwert an dëser Welt, wéi se haut ass, ass, datt déi Antiatompolitik och vu Lëtzebuerg warscheinlech net ganz laang ze halen ass aus enger Rei Grënn. Europäesch Energieonofhängegkeet ass genannt ginn. Et gëtt ëmmer méi Staaten, déi op Atomenergie ginn. Frankräich huet elo geschwënn d'Presidence an der Europäescher Unioun. Mir selwer bezéien nach ëmmer op d'mannst 10 % aus Atomenergie fir eisen eegene Bedarf.

Derbäi kommen awer nach ganz vill aner Consideratiounen. Et ass zum Beispill esou, datt een den Androck huet, datt mir d'Atomdiskussioun hei féieren, 2021, mat den Argumenten vun 1978. Et gëtt immens technesch Entwécklungen!

Éischtens, Lëtzebuerg ënnerstëtzt selwer d'Forschung an der Kärfusioun duerch ITER. Äre Ministère, Här Turmes, finanzéiert dat mat. Dir sidd vlächcht net glécklech driwwer, mee Dir maacht et. Mir investéieren a Kärfusioun.

Dat Zweet ass, mir hunn einfach och am Beräich vun der Fissioun nei technesch Developpementer. Iergendwéini kommen déi op de Maart. Dat si méi kleng Reacteuren, Thorium-Reacteuren, déi zum Deel och selwer nukleare Ofväll vun deem, wat Atomreacteuren, déi mer am Abléck nach um Marché hunn, produzéieren, als Brennstoff kënnen verwäerten. Also e Gewinn u Sécherheet. Alles dat sinn Diskussiounen, déi geféiert ginn an ech mengen, mir müssen einfach iergendwéini eng kéier, wann d'Entwécklungen international esou weider gi wéi elo, iwwerdenken, wéi mer als Europäer zu der Atomenergie stinn.

De Weltklimarot, fir deen net ze vergiessen, huet an e puer Rapporte schon drop higewisen, nach rezent, datt och d'Atomenergie einfach e Mëttel ass, fir eeben CO<sub>2</sub>-Emissiounen ze reduzéieren. An ech mengen, wann ech mech gutt erënneren, stoung souguer eng Formulatioun dra wéi „ouni Atom geet et net“.

Et muss een einfach wëssen: Atomenergie huet effektiv esou gutt wéi keng Kuelendioxidemissioune; fossill Energie huet der awer. A mat iergendeppe mussen déi alternativ Energien - well déi leeschten einfach net, wat se verspriechen -, ... Mir müssen de Backup maachen. Also: Mir kommen, vlächcht an e puer Joer, awer mir kommen an eng ganz aner Diskussioun era wéi déi, déi mer bis elo haten. An ech mengen, et ass gutt, datt mer niewent der Politik vum Abléck - an do, wéi gesot, ënnerstëtze mer dat hei nach - awer och dat Laangfristeg, déi laangfristeg Perspektiv gesinn. An do komme mer einfach an eng Diskussioun eran, déi déi gréng op jidde Fall als Partei nach iwwerhaupt net ugeduecht hunn an net novollzéie kënnen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Kartheiser. An da ginn ech d'Wuert un den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten)**.- Merci, Här President. Ech sinn zwar elo e bëssen iwwerrascht: Virdrun huet d'ADR géint de SG geschwat an elo op eemol fir den Atom. Also, ech weess net, wou do d'Kohärenz ass.

(*Hilarité et interruption*)

Sou. Also, d'Motioun hei ass immens sympathesch. Déi kënnen mer voll ënnerstëtzen. Mir haten och direkt déi Question parlementaire gestallt, wéi d'franséisch Regierung ugekënnegt huet, erëm a méi an Atom wëllen ze investéieren, well dat ass fir

eis Piraten einfach net ze akzeptéieren. An ech muss soen, mir haten eng ganz fein a gutt Äntwert och op déi Question parlementaire kritt a mir sinn do mat der Regierung op enger Linn.

Natierlech mussen mer alles maachen, fir dass net weider nukleare gebaut gëtt. Mee dozou gehéiert déi selwecht Diskussioun, déi mer viru fënnf Minutte gefouert hunn: Och wa grouss Industrien Atomstroum kafen, mir müssen dat iergendwéi verhängert kréien. Dat muss d'Zil sinn. Mir kënnen net deenen anere soen: „Produzéiert keen Atom“, an hei sinn awer grouss Firmen zu Lëtzebuerg, déi et kafen, well et méi bëlle ass. Mir müssen do einfach iergendeng Léisung fannen an eng aushandelen, egal wéi déi herno ausgesäit. Mir wäerten dës Motioun matstëmmen.

■ **M. Sven Clement (Piraten)**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Goergen.

Da ginn ech d'Wuert un den Här Energieminister Claude Turmes.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Claude Turmes, *Ministre de l'Énergie***.- Gutt. Also ech probéieren ëmmer, um lafende Stand ze sinn. Ech mengen, dat ass éischter bei 2021 wéi 1978. Ech weess net, ob Dir vlächcht éischter dann do sidd. Also déi besteeënd Atomkraaft ass en ekonomeschen Echec an huet och hir Problemer vum Offall net geléist. An ech mengen, et gouf jo och Accidenter. Dat heescht, et gëtt ëmmer e Restrisiko.

Dat, wat elo versprach gëtt ënnert dem Titel „SMR“, also „Small modular reactors“, ech mengen, am Moment ass dat e Versprieche. Et gëtt keen een esou ee Reaktor. Déi Reaktortypen, déi elo versprach ginn, léisen och net den Offallproblem. Et gëtt eng ganz detailléiert Analys vum däitsche Strahleschutzinstitut, e puer honnert Säiten. Déi soen och, et misst een der 4.000 bis 5.000 en série bauen, fir ekonomesch dohinner ze kommen, datt se mat den Erneierbaren eebe konkurrenzfähig wäeren.

An dann ass awer eppes, Här Kartheiser, do sinn ech erstaunt. Dir hutt jo emol an der Verdeidigung an an esou Saache geschafft. Sidd Der lech bewosst, dass Small modular reactors heescht, dass ech den nukleare Proliferatiounsrisiko massiv vergrësseren? Dat heescht, wann déi Technologie soll eppes dänge fir de Klimaschutz, da misst ech jo Dausende vun deene Reakteren iwwerall an der Welt bauen. An da soen ech awer: Vun der Sécherheitslag an onsécheren Zäiten hier ass dat eppes, wat mir als Gréng net wëllen. An ech mengen, do sinn och vill vun deenen anere Parteien heibannen, déi eis doranner Recht ginn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Energieminister. Dann nach kuerz Parole après ministre fir den Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Jo, well den Här Turmes war esou fein, mech selwer unzeschwätzen. Jo effektiv, Här Minister, ech hunn e puer Jore vu mengem Liewe mat esou Saache verbruecht an ech kann lech soen, datt mer dee Risiko vun der Proliferatioun selbstverständlech hunn. Mee déi SMR, dat ass nëmmen ee Modell an den Entwécklungen, déi am Abléck am Gespréich sinn. Et gëtt aner nukleare Entwécklungen.

■ **Une voix**.- Zum Beispill?

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Thorium, zum Beispill, Flësegsalzreakteren an esou weider, a verschiddene Gréissten. Kuckt, wat de franséische President ...

(*Interruption*)

... do zum Beispill proposéiert huet a leschter Zäit. Ech soen lech just: Et gëtt verschidden Entwécklungen a China, a Frankräich, verschidde Modellen, déi ugeduecht ginn. Déi ganz kleng Reakteren, dat ass ee Modell. Effektiv hunn déi eng Rei Problemer. D'Sécherung vun de Reakteren, dat ass ganz evident. Awer ech soen lech just - an dat war de Sënn vu menger Interventioun -, datt mer an e puer Joer an Europa an eng nei Atomdiskussioun erakommen, dat ass meng Kärausso, an datt mer eis musse drop virbereeden, fir an där Diskussioun d'Intensivitéit vun eisem Land esou gutt wéi méiglech ze verrieden!

An dofir hunn ech gesot: Mir kënnen déi Atomdiskussioun vun deem, wat elo op eis duerkënnt, net mat den Argumenten vun 1978 féieren. Déi passen net méi an déi Zäit, déi elo op eis duerkënnt. Dat ass déi Ausso, déi ech wëll maachen!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Kartheiser. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dës Motioun.

**Vote sur la motion**

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

## Le saviez-vous ?

### MOTION

La motion est un texte, adopté par la Chambre des Députés, invitant le Gouvernement à prendre une certaine initiative ou à adopter une certaine position.





■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Pardon, ...

(*Hilarité*)

... ech war ze spéit dës Kéier. Et ass Jo.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Et ass Jo. Dir hat et och virdrun ugekënnegt. Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

## 7. 7788 - Proposition de loi portant modification du livre IV du Code de la sécurité sociale en vue d'augmenter le montant de l'allocation familiale et d'introduire une allocation complémentaire pour familles nombreuses

Mir kommen elo zur Proposition de loi 7788 iwwert d'Indexatioun vum Kannergeld. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An als éischtem Riedner ginn ech d'Wuert un den Auteur-Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

■ **M. Marc Spautz** (CSV), *auteur-rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass ee jo frou, wann ee seng Proposition de loi kann am Plenum virstellen, well et war Aarbecht domat verbonnen, et war vill Aarbecht domat verbonnen. Net all Proposition de loi packt et bis an de Plenum. Mir hunn zwar d'Reglement virun enger kuerzer Zäit geännert, dass d'Méiglechkeet emol e bësse méi grouss ginn ass, dass och Proposition-de-loie vun den Deputéierten et an de Plenum packen. Mee och wann d'Proposition de loi bis am Plenum ass, kann ee se zwar hei virdroen, mee ob et dann och duerno zu engem Gesetz kënn, dat sief dohigestallt. Ech hunn do esou a menger Glaskugel gesinn an ech mengen, ech hu schonn eng gewësse Viranung.

Déi heite Proposition de loi geet op e Package zrëck, deen ech d'Chance hat, 2019 am Numm vun der CSV hei ze deposéieren. Dat waren der deemools fënnef un der Zuel, a vun deene fënnef sinn der zwou zrëckbehalen ginn.

(*M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.*)

Déi dräi aner sinn ... Eng ass matverschafft ginn an déi zwou aner sinn nach op der Waardelëscht. An dofir wëll ech och dann haut déi éischt vun deenen zwou virstellen, déi aner, déi soen ech lech an enger ronn 30 bis 35 Minutten, wëll ech de Rapport maache vun där Kommissioun. An dann dréinen ech mech eng Kéier ëm 360 Grad an dann erlaben ech mer, am Numm vu menger Partei méi ausféierlech drop anzugeen.

Déi Proposition de loi, ëm déi et hei geet, dat ass d'Nummer 7788, déi den 11. Mäerz 2021 deposéiert ginn ass. De Conseil d'État huet den 1. Juni 2021 säin Avis dozou ofginn. An de 6. Juli 2021 huet d'Regierung zu där Proposition Stellung bezunn.

D'Chambre des Salariés huet hire Rapport de 14. Juli 2021 ofginn. Ech wëll dozou soen, dass an der Kommissioun mat grousser Majoritéit déi Stellungnam vun der Regierung ugeholl ginn ass, fir dës Proposition de loi net unzehuelen an en anere Wee wëllen ze goen. Dat war de Punkt, deen d'Majoritéit festgehale huet, déi domadder de Rapport oder den Avis - net de Rapport, mee den Avis - vun der Regierung esou ugeholl huet.

Ëm wat ass et gaangen an där Proposition de loi? Et ass drëm gaangen, fir d'Allocation familiale, dat heescht d'Kannergeld, retroaktiv op den 1. Januar 2019 unzepassen. An et ass drëm gaangen, fir eng Allocation complémentaire fir Famillen ze maachen, déi méi wéi zwee Kanner hunn.

Dat alles geet, wéi gesot, op eng éischt Proposition de loi mat der Nummer 7437 zrëck, déi mer 2019 als CSV hannerluecht hunn a bei där de Conseil d'État verschidde Remarque gemaach huet, soudass mer se doropshin zrëckgezunn hunn an eng nei Proposition de loi hu missen hannerleeën.

Ech wëll dozou soen: Firwat? Wat waren d'Considérations? Wéi Der alleguerten heibanne wësst, ass 2006 opgrond vun engem Tripartite-Accord, deen ech extra matbruecht hunn, iwwer 23 Säiten deemools festgehale ginn, dass ënner anerem d'Allocation-familialë géifen desindexéiert ginn. An eppes dovunner, wat d'Géigestéck deemools war an deem Accord Tripartite, deen zwëschent der Regierung, de Gewerkschaften an de Patrone fonnt gi war, dat war d'Aféierung vum Statut unique 2006.

A Rapporteur vun deem Statut unique, deen elo viru Kuerzem och säi Jubiläum gefeiert huet, war den nach haitege Sozialminister, de Romain Schneider, an op där anerer Säit war et de Marcel Glesener. Dat waren déi zwee Korapporteren vun deem Gesetz, dat doropshi komm ass. An dorop baséiert sech och dat vun der Desindexéierung.

Ech kéint och do nach iwwert de Bensinnspräis schwätzen. Ganz interessant: Déi Leit, déi Energie-

politik maachen an déi iwwer héich Energiepräisser schwätzen, sollen den Accord vun 2006 emol noliessen. Do sinn och Präisser agefruer ginn. Do sinn nach aner Saache geschitt, well och deemools de Barrel duerch de Plaffong gaangen ass. A wann een haut d'Präispolitik kuckt, kéint een dat och vläicht maachen. Mee dat war just eng Klammer, Här President. Ech mengen, Dir waart an anerer Qualitéit deemools och an där Tripartite mat derbäi an Dir kënn lech sécherlech gutt drun erënneren.

Dat war d'Ursaach, firwat d'Desindexatioun komm ass. Dat mat der Allocation complémentaire, do war d'Iwwerleeung eng aner: Déi huet sech dorop baséiert, dass 2016 - Rapporteur vun deem Gesetz war den Här Gilles Baum - d'Allocation ofgeschaaft ginn ass an der neier Kannergeldsdiskussioun. Bis dohinner konnten d'Leit eng Primm kréien, wa se doheem bliwwe sinn: d'Allocation d'éducation vun null bis zwee Joer respektiv bei méi wéi zwee Kanner bis véier Joer. Déi ass deemools ofgeschaaft ginn, well gesot ginn ass, dass déi net méi zäitgeméis wier.

An deemools hate mer scho proposéiert, dass mer gären eng aner Primm hätte fir déi Famille mat méi wéi zwee Kanner, well - dat kënn Der och an den Debatten noliessen vum Juni 2016 - mer deemools schonn drop higewisen hunn, dass et awer wichteg wier, deene Famillen ze hëllefen, well et eppes aneres ass, ob der zwee plus zwee sidd oder ee plus zwee oder ob der zwee plus dräi oder ee plus dräi sidd. Dat war deemools d'Begrënnung, firwat mer déi wollten aféieren.

Zu deem Ganzen ass d'Prise de position vun der Regierung komm. D'Regierung huet gesot, se wier net averstanen, fir d'Allocation familiale elo op den 1. Januar 2019 ze indexéieren. Si hätten an hirem Regierungsprogramm stoen, dass zum Enn vun der Legislaturperiod d'Indexatioun géif kommen, dofir géife si d'Noutwendegkeet net agesinn, fir dat elo ze maachen an et wier och keng Noutwendegkeet do, e Rattrapage ze maachen op den 1. Januar 2019.

Bei der Allocation complémentaire pour familles nombreuses huet d'Regierung ënnerstrach, dass si dat jo eréischt 2016 bei der Reform vun der Prestation familiale ofgeschaaft hätten, dass se do eenheetlech Montanten u Kannergeld pro Kand agefouert hätten, wat virdrun net de Fall war, wou gestaffelt ginn ass, an dass och duerch d'Gesetz vum 28. Juli 2018, nämlech iwwert de REVIS, nei Konditiounen an nei Plaffonge geschaaft gi wieren, dass si dofir där Meenung wier, dass dat net méi noutwendeg wier. A si huet drun erënnert, dass och d'Allocations de vie chère op den Datum vun 2021 ëm 10 % an d'Luucht gaange sinn. Dat war de Positionspabeier vun der Regierung.

D'Position vun der Chambre des Salariés war, dass déi nach eng Kéier drun erënnert huet, dass si nach ëmmer op d'Ëmsetzung vum Accord vun 2014 zwëschent der Regierung an de Sozialpartner géif waarden, duerch dee reegelméisseg géifen Upassung komme fir all déi Entwécklungen, déi gemaach géife ginn. Dat missten net onbedéngt Geldleeschtinge sinn, dat kéinten och Sachleeschtinge sinn. Dat war en Accord, dee fonnt gi war. Dat war och eng Kéier an engem Projet de loi proposéiert ginn, deen awer duerno am Staatsrot ofgeleent ginn ass an deen d'Regierung och duerno zrëckgehol huet.

Si wieren och der Meenung, dass dat misst erëm reindexéiert ginn. A si hunn och fonnt, dass een alles dat erëm misst kucken, och op dem Niveau vu virun 2016. Dat war dat Joer vun der Reform.

A bei der Allocation complémentaire pour familles nombreuses ware se och där Meenung, dass een dat net sollt maachen, mee dass ee misst allgemeng d'Kannergeld an d'Luucht setzen.

Dat waren d'Avis vun deene jeeweilege Berufschamberen. Dee Rapport, esou wéi ech en lech elo virstallt hunn, ouni an déi eenzel Artikelen eranzugeen, ass zur grousser Verwonderung sécher vu jiddwerengem de Moie majoritär ugeholl ginn, mat der Abstentation vun dem Rapporteur plus och deem senge Parteikolleegen, well mir der Meenung sinn, dass et wichteg gewiescht wier, dass déi Proposition de loi hei d'Zoustëmmung fonnt hätten. Esouwäit zum Rapport.

A mat Ärem Verständnis dréinen ech mech dann eng Kéier ëm 360 Grad, ...

(*M. Marc Spautz fait un tour de 360 degrés.*)

(*Hilarité*)

... an ech géif mer dann erlaben, am Numm vun der CSV ze schwätzen an net méi als Rapporteur.

■ **Une voix**.- Très bien!

### Discussion générale

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, fir eis als CSV war et wichteg, dass déi Reindexatioun géif kommen. Ech hunn och am Ufank am Rapport - well ech der Meenung sinn, dass ee mam Rapport awer och eng gewëssen Objektivitéit soll halen - drun erënnert, firwat dat 2006 geschitt ass.

A wann Der den Accord Tripartite vun 2006 kuckt, waren do opgrond vun der wirtschaftlecher Situation, déi d'Land deemools hat, net nëmmen d'Kannergeld an d'Familjeleeschtingen desindexéiert ginn, mee do sinn och eenheetlech Indexranchen agefouert ginn, eng pro Joer. Déi si gekoppelt ginn un d'Energiepräisser, well mer eng Situationun hatten, déi ekonomesch ganz schwierig war, an do sinn och gläichzäiteg aner Leeschtingen agefouert ginn an et ass och gläichzäiteg gekuckt ginn, dass mer et géife fäerdegbréngen, déi néideg Decisiounen ze huelen an der Tripartite, fir wirtschaftlech virunze-kommen.

An eppes, wat natierlech e ganz grouse Projet war ... An Här President, esou wéi Der elo hannendru sëtzt, war Der jo ee vun deenen zwee Coauteure vun deem Projet de loi, deen herno geëndegt huet am Statut unique hei zu Lëtzebuerg, wou verschidde Inegalitéiten déi bestanen hunn zwëschent verschidde Statuten, nämlech dem Statut vun den Aarbechter an dem Statut vun de Privatbeamten, eliminéiert - dat ass e schlecht Wuert -, ofgeschaaft gi sinn a wou déi Statute beieneegefouert gi sinn, mer eng eenheetlech Krankekeess kritt hunn, mer eng eenheetlech Pensionskeess kritt hunn.

A wann ech „eenheetlech“ soen, muss ech awer ëmmer betounen: ënner Kontroll vum künftige Sozialminister. Dat ass jo de Privatsektor. Well nach ëmmer hu mer den ëffentleche Sektor an de Privatsektor. Mee dat war eng vun deenen Errungenschaften vun där Tripartite vun 2006.

Ech wëll drun erënneren, dass mer schonn 2013 heibannen ... Nee, pardon, net 2013, mee et war de Rapport fir de Budget vun 2013. De Rapporteur war keen anere wéi mäi Fraktiounskolleeg Gilles Roth, deen deemools schonn drop higewisen huet, dass eppes misst bei den Allocation-familialë gescheien.

An net méi spéit wéi zwee Joer drop huet de Gilles Roth hei a senger Budgetsried gesot, dass et fir d'CSV wichteg wär, dass mer erëm géifen zu enger Reindexatioun vum Kannergeld kommen, well mer erëm an enger anerer wirtschaftlecher Situation wiere wéi do virdrun. Do sinn och deementsprechend Motiounen heibanne gemaach ginn, déi awer leider net d'Zoustëmmung vun der Majoritéit fonnt hunn.

Fir eis ass et wichteg, dass dat Kannergeld erëm reindexéiert gëtt an dass et net nëmme reindexéiert gëtt op den 1. Januar 2022, mee och op den 1. Januar 2019, esou wéi mer et an der Proposition de loi gemaach hatten a gesot hunn.

Ech wëll och ënnersträichen: D'Ministesch hat jo net méi spéit wéi am Mäerz vun dësem Joer e Gesetz ugekënnegt. D'Gesetz ass net komm. Dat geschitt elo mat Amendementen am Budget. D'Ursachen, firwat et am Budget steet an net als Gesetz u sech, ka jiddweree vun de Kolleegen, déi d'gesetzlech Prozedur kennen, verstoen. Dee weess dat: Wa mer eng Prozedur gemaach hätten, wieren d'Avis komm vun de Berufschamberen. Do hätten een net gewosst, wat alles dra virkënn. Wa mer et beim Budget maachen, dann ass dat automatesch. Wann de Budget gestëmmt gëtt, sinn alleguerten déi Dispositione matgestëmmt.

Dat ass op alle Fall esou, wéi ech et liesen. Do gëtt et vläicht aner Leit, déi gesinn dat anescht. Mee do wäerte mer jo dann d'nächst Woch nach eng Kéier drop zrëckkommen, wann et ëm de Vott vum Budget geet.

Fir eis ass et och wichteg, dass net nëmmen d'Reindexatioun kënn, mee et wier och wichteg gewiescht, fir deene Famille mat méi wéi zwee Kanner eng zousätzlech Hëllef ze ginn, well - ob verschidde Leit dat wëllen héieren oder net - wann Der bis ufänkt, zwee plus zwee oder ee plus zwee ze sinn, da geet et jo nach ongeféier. Mee wann dat Drëtt bis bäikënn, da gëtt et da souwuel, wat Är Logementsproblematik ubelaangt, ... well do gi mer Dispositionen, an deenen et heescht, ab zwielef Joer sollten déi jeeweileg Geschlechter vunenee getrennt leien. Dir wësst, dass Der beim Auto vläicht eng Nummer méi grouss musst kafen, fir och dräi Kanner kënnen ënnerdaach ze kréien.

A wa mer da bei der nationaler Luftfahrtgesellschaft en Ticket reservéieren, fir iergendwou an d'Vakanz ze goen - eent plus eent -, kritt Der dat eent Kand gratis. Mee wann awer dat Drëtt bäikënn, egal wéi al et ass - oder pardon, net egal wéi al et ass, mee ab sechs Joer -, bezuelt Der de volle Präis, well et jo dann och eng voll Plaz muss anhuelen.

Bon, alles dat si Fraisen, déi op d'Famillen zoukommen. A wann ech dann un dat erënneren, wat mäi Kolleeg Paul Galles bei der Aarmutsdebatt heibanne gesot huet, dass ee virun allem feststellt, dass bei de Famille mat méi Kanner an och de Monoparentale mat engem, zwee oder dräi Kanner d'Differenz vun der Aarmut ëmmer méi grouss gëtt, ass et wichteg, fir deene Leit zousätzlech eng Allokation ze ginn.

An dofir hätte mer gären an dëser Proposition de loi, dass eng Allocation supplémentaire fir déi Leit

géif agefouert ginn, déi och gestaffelt wier no der Héicht vun de Revenuen. Et ass net, wéi heibannen ëmmer gesot ginn ass vu verschidde Leit, wéi wa mir géife mat der Strenz fueren. Anerer fueren elo mam Pompjeesschlauch.

(*Hilarité*)

Dofir wier et och gekoppelt: Wann de Revenu géif an d'Luucht goen, géif och déi Primm erofgoen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, ech weess d'Argument. Elo kënn et: Mir maachen elo d'lesse gratis, mir maachen elo hei gratis. Dat ass keng selektiv Sozialpolitik fir déi Leit, déi schlecht dru sinn.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- An dat ass keng selektiv Sozialpolitik, esou wéi dat och vun de Kolleegen vum Paul Galles bei der Aarmutsdebatt, vum Serge Wilmes an dem Françoise Hetto, d'lescht Woch nach eng Kéier heibannen ënnerstrach ginn ass, wéi et ëm d'Kanner gaangen ass.

Dofir si mir der Meenung als CSV, dass et bluttnoutwendeg wier, dass dat géif kommen, souwuel déi Reindexéierung wéi och déi Allocation spéciale fir méi wéi zwee Kanner an enger Famill, well dat wichteg ass, well dat och Sozialpolitik ass am Interêt vun deene Famillen, am Interêt vun deene Leit. A wann ee soss kuckt, wat alles vun Ausgaben do ass, géif dat och de Budget..., et géif deen eppes kaschten, mee et wier awer och e sënnavollen Investissement am Interêt vun de Famillen a vun deene Leit, déi schaffe ginn a Kanner hunn. Villmools merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och dem Auteur, Rapporteur an Orateur. An deen nächste Riedner ass dann de Max Hahn.

■ **M. Max Hahn** (DP).- Merci, Här President. Jo, en ongewinnt Bild, de Marc Spautz hei als Rapporteur ze gesinn, gesinn ze ..., also stoen ze gesinn - elo hu mer et endlech.

(*Hilarité*)

Mee hien huet dat awer gutt gemaach. Dofir, Här Rapporteur, e grouse Merci fir Äre Rapport, souwuel dee schrëftleche wéi och dee mëndlechen.

Et wäert lech awer net wonneren - an Dir hutt et gesot, Dir hutt awer net wierklech eng Glaskugel dofir gebraucht, well am Rapport steet jo schonn dran -, dass d'Kommissioun majoritär der Chamber proposéiert, fir där Proposition de loi hei net nozekommen a keng Zoustëmmung ze ginn. Dofir wäert et lech dann net verwonneren, dass och mir als Demokratesch Partei Är Proposition de loi net wäerte stëmmen.

Netdestotrotz, wéi gesot, et ass ëmmer mat ...

(*Interruption par M. Marc Spautz*)

A, et ass net ganz duergaangen. Mee, wéi gesot, et ass ëmmer mat vill Fläissaarbecht verbonnen, esou eng Proposition de loi, an dofir lech e grouse Merci.

Vläicht awer kuerz zu eise Beweegrënn, firwat mer dann dës Proposition de loi net wäerten ënnerstëtzen.

Mir hatten et an der Kommissioun scho gesot, wat d'Allocation familiale, also d'Kannergeld, ugeet, schléit d'CSV jo ënner anerem vir, nees eng automatesch Indexéierung anzeféieren, an dëst réckwierkend op den 1. Januar 2019.

Dir wësst, an dozou huet sech d'Majoritéit jo och engagéiert, dass d'Reindexéierung jo souwisou och am Koalitionsaccord virgesinn ass, dat nodeem - an Dir hutt et an Ärem Rapport gesot - 2006 eeben decidéiert gouf, d'Kannergeld ze desindexéieren.

Déi Reindexéierung, déi dës Regierung virgesäit, steet net nëmme schwaarz op wäiss am Koalitionsaccord, wéi ech et gesot hunn, mee soll och elo ab dem 1. Januar 2022 a Kraaft trieden. Si gëtt also ëmgesat. An dëst huet d'Madamm Familjeministesch Corinne Cahen jo och annoncéiert, dëst réckwierkend op den 1. Oktober 2021. Firwat ass dat esou wichteg? Ma well, an dat wësst Der, léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo do eng Indexbranche erfall ass. Dovu sollten d'Elteren nach kënnen profitéieren.

Wann een iwwert d'Kannergeld schwätzt, dierf een och net déi aner sozial Mesuren ausser Uecht loos-sen. D'Kannergeld ass ee Puzzlestéck vu ville Mesuren, déi d'Regierung ëmgesat huet, fir Famillje mat Kanner ze ënnerstëtzen. Dobäi gouf déi lescht Joren e besonneschen Akzent op Sachleeschtinge geluecht. Ech wäert net op déi eenzel Mesuren alleguerten agoen a se opzielen; et sinn der nämlech eng jett. Ech denken awer haaptsächlech un d'gratis Kannerbetreuer, d'Schoulbicher am Secondaire oder d'Ukënnegung vun de gratis Molzechten an de Schoulkantinnen an esou weider.

All dës Mesuren hunn oder wäerten zu enger daitlecher Entlaaschtung bäidroen. Dobäi kommen alleguerten déi familjepolitesch Reforme wéi d'Reform





vum Congé parental, déi duerch d'Aféierung vun engem richtege Revenu de remplacement eng reell Alternativ fir vill Eltere ginn ass. Dobäi kennt och d'Aféierung vum REVIS, wou besonnesch Monoparentallen a Famillje mat Kanner besser ewechkommen.

D'Diskussioun ëm d'Kannergeld dierf een an eisen Aen net isoléiert gesinn, mee ëmmer an engem Package mat all deenen anere Mesuren. Do gouf viles am Sënn vun de Famillje mat Kanner ëmgesezt.

Mir sinn dofir net der Meenung, dass een nach eng Kéier misst un d'Indexéierung vum Kannergeld fréckele goen. Dat trifft och op deen zweete Punkt vun der Gesetzespropos vum Marc Spautz zou.

Den Zouschoss fir grouss Famillje kënne mir net guttheeschen. Ech kommen nees bei mäi Räsonnement, dass een d'Mesuren net däréif isoléiert, mee ëmmer am Package mat anere Mesurë muss gesinn. Fir de Familljen, déi engem besonnesch héijen Aarmutrisiko ausgesat sinn, ze hëllefen, ass bei der Reform vum REVIS extra e Supplement fir all Kand, wat am Stot leeft, agefouert ginn. Zousätzlech dozou ass eng Majoratioun, wann d'Kand an engem Ménage monoparental leeft, agefouert ginn.

Ech wëll an deem Kontext och nach d'Erhéijung vun der Allocation de vie chère ernimmen. Op den 1. Januar 2022 gëtt d'Allocation de vie chère nach eng Kéier ëm mindestens 200 Euro pro Stot erhéicht, dëst, nodeems d'Regierung déi Hëllef schonn dat lescht Joer nohalteg ëm 10 % erhéicht huet. Dëse Montant hänkt jo och vun der Unzuel vun de Memberen am Stot of, also och vun der Unzuel vu Kanner, déi am Stot wunnen.

Här President, aus dëse genannte Grënn, wäerte mir dës Gesetzespropos leider net matstëmmen. Ech géif lech awer Merci soe fir d'Nolauschteren.

**(Brouhaha)**

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci gesot. An d'nächst Riednerin ass d'Madamm Simone Asselborn-Bintz.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz** (*LSAP*).- Merci, Här President. Wie wonnert et, dass mir eis och deem uschlëssen, wat de Max Hahn elo gesot huet, eise President vun der Kommissioun. Dofir wëll ech och net ze vill laang nach eemol op alles agoen, well hien huet dat scho ganz ausféierlech gesot.

Ech wëll awer dem Marc Spautz Merci soen. Et ass net einfach, eng Proposition de loi virzustellen als Rapporteur, wou een elo scho vu virera weess, dass déi Proposition net ugeholl gëtt. Also mäi Respekt awer, dass Der dat awer ganz serein gemaach hutt, soen ech emol esou, an och ganz objektiv virgestallt hutt. Merci.

Op jidde Fall si mer där selwechter Meenung wéi och eis Kollege vun der DP. An dofir wëll ech mech deem uschlëssen. An d'LSAP ass och der Meenung, dass ganz vill geschitt, dass ganz vill geschitt ass an och ganz vill wäert geschéien, net nëmmen an den Allocation-familialen, och an de Sachleeschungen, déi och nach wäerte kommen an ënner anerem och bei der Allocation de vie chère. Dat heescht, fir eis sinn dat och ganz gutt Moossnamen, fir Famillje mat Kanner ze stäerken. An dofir géife mer eis dann der Regierung uschlëssen an déi Proposition de loi dann net stëmmen. Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An d'nächst Riednerin ass d'Madamm Djuna Bernard.

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech mengen, et verwonnert lech elo net, dass et eis genau d'selwecht geet wéi menge béide Virriedner.

■ **Plusieurs voix**.- O!

**(Hilarité)**

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Mir wäerten dëst Gesetz net matstëmmen. Mir verweisen nottamment dorobber, dass een nieft de verschidenste Sachleeschungen, déi dës Regierung en place gesat huet an och nach wäert setzen, eeben awer och cibléiert op méi vulnerabel Stéit, Haushalter a Familljen ageet, dat duerch d'Allocation de vie chère, dat duerch de REVIS, meng Virriedner hu se scho benannt.

Ech wëll awer och hei op dëser Plaz e ganz häerzleche Merci soen un de Rapporteur Marc Spautz fir dës Propos, mee awer virun allem - an dat wëll ech wierklech hei och a mengem perséinlechen Numm ënnersträichen - fir seng vill gutt Interventiounen an déi e bëssen historesch Memoire, déi mech als jonk Deputéiert ganz oft weiderbréngt a wou mer ganz spannend an inhaltlech wichteg Diskussiounen hunn. An ech si ganz dankbar derfir, well ech fannen, dass et wierklech eis Aarbecht an der Kommissioun ganz oft beräichert. An deem Sënn, e grouse Merci och fir dës Propos a fir Är vill Méi, déi Der hei dragestach hutt. A wéi gesot, mir wäerten dës Proposition de loi net matstëmmen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci gesot. An den nächste Riedner ass den Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Merci, Här President. Also dee Luef, deen elo grad gemaach ginn ass, dee kann ech bal net méi toppen. Ech wëll awer trotzdem soen, dass et erfrëschend war, fir de Marc Spautz eng Kéier hei ze gesinn als Rapporteur.

**(Hilarité)**

A jo, en huet dat sécherlech op d'mannst grad esou gutt gemaach wéi déi, déi dat soss maachen.

■ **Une voix**.- Très bien!

**(Hilarité)**

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- An ech mengen och, déi Saachen, déi hei proposéiert ginn, do war vläicht an der Kommissioun de Moien eppes schifgaangen, mee et ass ganz evident, dass mir déi Saachen hei, déi de bon sens sinn, absolutt ënnerstëtzen. Mir géife souguer nach méi wäit goen. Ech wëll och elo net alles dat widderhuelen, wat mer déi leschten Deeg schonn doriwwer gesot hunn. Mee ech wëll awer trotzdem nach drun erënneren, dass mer hei e grouse Problem hu fir Leit, déi Kanner hunn, an dass mer mussen higoen als Politik an d'Familljen an d'Kanner méi mussen ënnerstëtzen, d'Famill méi musse wäertschätzen.

Et ass e Fakt, dass zu Lëtzebuerg den Aarmutrisiko daitlech méi héich ass bei Leit mat Kanner: Den Aarmutrisiko läit bei Persounen ouni Kanner bei 12 %, bei Famillje mat dräi Kanner läit e bei 35 %. Dat sinn d'Fakten. Do musse mer usetzen.

An ech mengen och, dass duerfir déi Iddi hei, fir esou en, ech nennen et emol, Kannergeld+ ze maachen - dat ass dann déi zousätzlech Allocatioun fir Leit, déi dräi Kanner oder der méi hunn, an dat och nach gestaffelt jee no Akommes -, datt dat am Fong eppes ganz Rasonabeles ass, wou ech elo net verstinn, wéi een dat dann net ka gutt fannen. Mee bon, et léiert een ëmmer bäi. Ech mengen, et kéint een och nach eng ganz Partie aner Fuerderungen opstellen, déi nach méi wäit ginn.

De Problem ass einfach, an dat ass och ugeschwat ginn: Wann ee méi Kanner huet, huet een daitlech méi Onkäschten, ob dat ass, fir an d'Vakanz ze fuehren, ob dat ass, fir en Auto ze kafen, ob dat ass, fir eng Wunneng ze hunn, wou Der awer da méi Zëmmeren musst hunn. A wann Der emol eng Kéier an e Restaurant gitt, an Dir kennt lech dat leeschten, da musst Der mat dräi Kanner dräi zousätzlech Pizzaz bezuelen, wougéint wann Der eleng sidd a keng Kanner hutt, da braucht Der just eng ze bezuelen.

Dat ass awer trotzdem, dat kléngt ganz einfach a banal, mee dat ass d'Realitéit.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Den Index: Jo, mir hate jo och scho proposéiert, fir den Index nach méi wäit réckwierkend erëm ze aktivéieren. Bon, hei ass et elo dann 2019. Dat wier och gutt. Summa summa ass dat heiten also e ganz gudder Gesetzesvorschlag, deen hei gemaach ginn ass. A mir ënnerstëtzen deen a soe Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Här President, Fakt ass, datt 23,1 % vun de Kanner vun der Kannerarmut betraff sinn, 39 % vun den Elengerzéinde mat engem Kand dem Aarmutrisiko ausgesat sinn a 60 % vun den Elengerzéinde mat e puer Kanner Krämpes hunn, um Enn vum Mount alles zesummenzékriën, fir alles kënnen ze bezuelen. Dat ass Fakt. Dat hate mir och an eiser Ried vum Bien-être de l'enfant scho gesot.

Déi Lénk hunn dowéinst virun engem Mount, den 11.11., op dëser Plaz selwer eng Proposition de loi eraginn, déi méi wäit féiert wéi déi hei. Eis Gesetzespropos concernéiert eng direkt Opwärtung vun alle Familljeprestatiounen ëm 10,38 % an eng automatesch Indexéierung. Der CSV hir Proposition de loi concernéiert par contre nëmmen déi automatesch Indexéierung vum Kannergeld retroaktiv ab 2019. Mat eiser Proposition vun der Opwärtung ëm 10,38 % wiere mer véier Indextranchéi méi wäit.

Här President, mir hunn eis Proposition op dat Weesentlechst beschränkt, an dat ass déi direkt Revaloriséierung vun alle Familljeprestatiounen an hir automatesch Indexéierung. Eng direkt Revalorisatioun bréngt de Menagen och direkt eppes, nämlech einfach méi Budget.

Eng automatesch Indexéierung ass scho längst fäleg. Mir froen eppes ganz Einfaches, direkt Machbares a Wichtige. Eis geet et mat dëser Proposition de loi net drëms, d'Kannergeld ze reforméieren. Mir wëllen, dass d'Familljen elo direkt kënnen dee Wäert recuperéieren, dee bei de Prestatiounen, déi hinnen zoustinn, verluer gaangen ass wéinst Spuermesurë vun der Regierung.

Här President, d'CSV fuerdert an hirer Propos och d'Aféierung vun engem sozial gestaffelter Allocation complémentaire fir Groussfamilljen. Hei geet et drëms, mam Montant unique pro Kand ze briedchen. De Montant unique ass mat der Reform vum Kannergeld vun 2016 agefouert ginn. D'CSL weist an hirem Exposé des motifs vun der Proposition de loi, dee mir iwwerholl hunn, dorop hin, datt d'Aféierung vum Montant unique eng Spuermoosnam ass an eng Aschneidung an de Budget vu ville Familljen.

Ee progressiivt Kannergeld ze fuerderen, ass dofir eiser Meenung no ganz legitim, nottamment wann et sozial gestaffelt ass. Mir hunn dës Fuerderung net iwwerholl an eiser Propos, mee mir ënnerstëtze se awer a gesinn der CSV hir Proposition de loi deelweis als complémentaire zu eiser. Dofir wäerte mir dëse Projet och matstëmmen.

Mee ech fäerte ganz, datt mir och keng Glaskugel brauchen, fir ze wëssen, wat dann och mat eiser Proposition de loi wäert geschéien. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här President. Et ass eréischt eng kuerz Woch hier, dass mer heibannen iwwert d'Wuelbefanne vun de Kanner geschwat hunn a ganz vill schéi Riede mat ganz ville gudder Virsätz hei geschmass gi sinn. An haut geet et dann drëm, fir den Elteren d'Liewe mat de Kanner e bëssen ze vereinfachen, se finanziell ze ënnerstëtzen an hinne sécherlech och méi Zäit mat hire Kanner ze ginn, genau dat, wat eigentlech d'lescht Woch hei a ville schéine Riede gesot ginn ass, fir eeben d'Wuelbefanne vun de Kanner ze stäerken.

D'Kannergeld retroaktiv ze indexéieren, ass jo eigentlech ganz logesch, well et waren net d'Familljen, déi deemools decidéiert hunn, d'Kannergeld ze desindexéieren. Dat war d'Politik. Et si bestëmmt net d'Leit gewiescht, déi dat Geld brauchen, déi gesot hunn: „Bon, kommt, mir huelen emol den Index vum Kannergeld. Mir brauchen dat net.“ Nee, et war d'Politik. An ech weess och net, wéi e Bild et ofgëtt vun enger Regierung, déi elo driwwer streit, ob se eng Indextranche zréckgëtt oder net. Ech fannen, et gëtt e bëssen e schlecht Bild of.

Gëschter hate mer 367 Milliounen fir 80 Autoen, an haut gëtt driwwer gestriden, fir de Familljen ze hëllefen. Eng Indextranche! Et schwätzt kee vu véier Indextranchen! Eng Indextranche - ech mengen, dat kann ee jo kengem zielen! Eng Indextranche, an déi dräi Regierungsparteie fannen dat ze vill.

Ech mengen, do kann een eigentlech d'Trauregkeet net méi ausdrécken, well dat doten ass dann awer och wierklech eng verfeelte Familljepolitik.

An dee Virschlag hei vun der CSV, ech hat eigentlech fest domat gerechent, dass e jidderengem, deen eng seriö Familljepolitik wëllt maachen, seng Zoustëmmung géif fannen, ...

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- ... well mir schwätzen nach ëmmer iwwer eng Indextranche.

An et ass einfach nach ëmmer net ze verstoen: 367 Milliounen do, aner Projeten, déi an de Kommissiounen sinn, awer eng Indextranche bréngt dës Regierung net fäerdeg. Dat ass traureg! Mir als Piraten soen dem Marc Spautz Merci fir deen exzellente Virschlag a mir wäerten et och haut matstëmmen.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss.

An d'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Familljeministesch.

**(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)**

**Prise de position du Gouvernement**

■ **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Villmools merci, Här President. Merci och dem Rapporteur Marc Spautz. Jo, ech fannen et och, esou wéi d'Djuna Bernard gesot huet, ëmmer interessant, lech nozelauschteren, well et ass ëmmer e bëssen e Geschichtscours, wann een lech nolauschttert. Dir gitt ëmmer relativ wäit zréck an den Historique vun de Saachen. Ech fannen dat ganz interessant, well Der hei gesot hutt, oder rapeléiert hutt, dass et d'Tripartite 2006 war, déi decidéiert huet, d'Kannergeld ze desindexéieren.

2006, hunn ech elo gekuckt, dräi an eng hallef Woch no där Tripartitesreunioun, wou dat decidéiert ginn ass, ass mäin zweet Kand op d'Welt komm, meng kleng Duechter. Dat ass an Tëschenzäit op Quatrième, dat heescht, geschwënn erwuesen, an d'Welt ass haut ganz sécher schonn eng aner wéi deemools 2006, wou déi Tripartite war.

Et ass awer och ëmmer interessant ze kucken, firwat eppes decidéiert ginn ass. An et ass jo net decidéiert ginn, fir bei de Familljen ze spueren! An ech war deemools nach net an der Politik, ech hat net emol eng Memberskaart an enger Partei!

Mee 2006 ass net decidéiert ginn ze spueren, et ass decidéiert ginn, déi Suen ze investéieren an de Chèque-service accueil, fir eng gratis Kannerbetreuung op d'Been ze setzen, fir dass d'Kanner kéinten alleguerete betreit ginn.

Ech erënnere just eng Kéier drun, dass - well ech gesot hunn, dat war jo meng zweet Duechter, déi op d'Welt komm ass; 20 Méint virdrun ass meng éischt Duechter op d'Welt komm - ech deemools 1.500 Euro pro Mount bezuelt hunn, fir dass meng Duechter kéint an eng Crèche goen!

Mat menger zweeter Duechter, wou de Chèque-service nach net do war, hunn ech 2.700 Euro bezuelt, fir dass déi zwee Kanner iwwerhaupt kéinten an eng Crèche goen! 2.700 Euro 2006. Do huet dee Chèque-service wierklech herno ganz vill ausgemach, quitte dass ech net méi wierklech konnt perséinlech dovunner profitéieren, well meng Kanner du lues awer sécher an d'Schoul gaange si respektiv an de Precocé.

Dat heescht, et muss een dat jo emol eng Kéier e bëssen a Relatioun setzen an et muss ee vläicht emol ophalen, d'Geschicht ze zielen, iergendeen heibanne wéilt um Réck vun de Famillje spueren. Et ass just de Contraire! Mir kucken, dass d'Suen do ukommen, wou se gebraucht ginn, nämlech bei der Kannerbetreuung, bei de Schoulbicher, bei de Kanner selwer, dass déi Sue genau dofir gebraucht ginn, firwat se geduecht sinn, nämlech fir d'Kanner. Fir d'Kanner sinn déi Sue geduecht, an net fir de Logement! D'Kannergeld geet nimools duer am Moment fir de Logement! D'Kannergeld ass dach net do, fir an de Logement ze stiechen!

An dofir, ech menge schonn, dass mer ons doran eens sinn, dass am Logement eppes muss geschéien. A wat, do kënne mer jo nach e bëssen driwwer diskutéiere warscheinlech, well do huet bis elo och nach keen d'Wonnerléisung fonnt. Mee d'Kannergeld ass awer net do, fir de Logement ze bezuelen. D'Kannergeld ass nach do fir d'Kanner.

An da géif ech awer gäre soen, dass mer decidéiert haten, schonn am Ufank vun der Legislaturperiod, wou mer de Koalitiounsprogramm ausgehandelt hunn, dass mer d'Kannergeld nees géife reindexéieren, wa mer all déi Prestation-en-naturé gemaach hätten. A mir hunn decidéiert an der Koalitioun, zesumme mat deene Gréngen an der LSAP, dass mer dat géife virzéien ëm e Joer an dass d'Kannergeld also elo schonn den 1. Januar 2022 géif indexéiert ginn an net eréischt um Enn vun der Legislaturperiod, den 1. Januar 2023.

A mir hunn decidéiert, dass mer déi Indextranche, déi elo virum 1. Januar 2022 am Fall ass, dass mer déi scho wäerte matrechnen an d'Rechnung vum Kannergeld.

Also ech mengen, do hu mer awer als Regierung ganz, ganz vill gemaach, nieft all deenen anere Saachen, déi de Max Hahn natierlech opgezielt huet: de REVIS, wou mer Famille-monoparentallen extra och nach eng Kéier berücksichtegen, d'Allocation de vie chère, wou d'Kanner berücksichtegt ginn. Ech hunn de Chèque-service opgezielt, ech hunn d'gratis Schoulbicher opgezielt. Dat heescht, ech wëll awer just eng Kéier soen, dass ganz, ganz vill an d'Kanner an an d'Familljen investéiert gëtt! An ech kann lech soen, dass mer wäerte weider an d'Kanner an an d'Familljen investéieren.

Dir wësst et och, mir hätte just gären, dass déi Suen do ukommen, wou se och wierklech gebraucht ginn. A wann et de Familljen net esou gutt geet, da musse mer hinnen hëllefen, an dat maache mer eeben och iwwer verschidde sozial Mesuren, vun deenen ech lech der grad ganz vill opgezielt hunn.

Ech soen lech villmools Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci der Madamm Familljeministesch Corinne Cahen. Parole après ministre fir den Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Jo, merci, Här President. Ech wollt zwar hei kuerz op eppes agoen, wat elo grad gesot ginn ass vun der Madamm Ministesch, déi gesot huet, d'Kannergeld wier net fir an de Logement ze stiechen. Abee, dat ass awer d'Realitéit! An Dir braucht net wäit kucken ze goen. Gitt emol eng Kéier deen Dag an e groussen Akafszenter, wou d'Kannergeld ausbezuelt gëtt, oder an e Baumaart, da ginn d'Leit, déi wierklech op déi Suen ugewise sinn, dann dohinner an déi mussen déi Suen dann do derfir ausginn. Dat ass d'Realitéit! An och fir de Logement. Esou ass d'Realitéit!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Keup.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 7788. Den Text steet am Document parlementaire 7788<sup>5</sup>.

**Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 7788**

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Proposition de loi ass mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.





# Chambre des Députés

## Compte rendu officiel

**Supplément commun aux quotidiens :**  
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

**Contenu rédactionnel :**  
Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

**Saisie de texte :**  
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

**Conception et mise en page :**  
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

**Concept et coordination générale :**  
brain&more, agence en communication, Luxembourg

**Imprimeries :**  
Mediahuis Luxembourg SA  
60, rue des Bruyères  
L-1274 Howald

Editpress SA  
Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll  
L-4361 Esch-sur-Alzette

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché (par Mme Djuna Bernard) et M. Charles Margue.*

■ **Plusieurs voix.** - Oo!

■ **Une voix.** - O! Wat en Zoufall! Wat en Zoufall!

■ **Une autre voix.** - Schummt lech! Schummt lech!

## 8. 7789 - Proposition de loi portant modification :

1° du Code du travail ;

2° du Code de la sécurité sociale ;

3° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

4° de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Mir kommen elo zur Proposition de loi 7789, eng Ofännerung vum Congé parental. Och hei ass d'Riedezäit nom Basis-modell festgeluecht.

An d'Wuert huet elo den Auteur-rapporteur vun dëser Proposition de loi, an dat ass nach eng Kéier den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration**

■ **M. Marc Spautz (CSV), auteur-rapporteur.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et war zu deem selwechten Zäitpunkt 2019, wou mer eng Proposition de loi virgestallt haten, an där deemools verschidden Ännerungen am Conseil d'État mat Opposition-formellë beluecht gi waren. Doderch ass d'Proposition de loi zrëckgezu ginn, a mir hunn eng nei Proposition de loi deposéiert.

Ech kommen elo zum Rapport vun der Proposition 7789 vun der Familljekommissioun, wou mer doriwier geschwat hunn, fir méi eng grouss Flexibilitéit am Congé parental ze erreechen.

D'Proposition de loi 7789 ass den 12. Mäerz als ricevabel erkläert ginn. De Conseil d'État huet den 1. Juni 2021 säin Avis ofginn, d'Chambre des Salariés den 29. Juni 2021. D'Regierung huet Positioun bezunn de 6. Juli 2021, an d'selwecht wéi virdrun ass et de 14. September 2021, wou d'Majoritéit an der Familljekommissioun d'Positioun vun der Regierung ugeholl huet.

Ëm wat ass et gaangen an där Proposition de loi?

An där Proposition de loi ass et drëm gaangen, de Congé parental méi flexibel ze maachen, d'Augmentatioun - bei de Kanner vu sechs op zwielef Joer ze doen -, dass eng aner Modalitéit géif kommen, wéini een de Congé parental kéint huelen, dass eng aner Dispositioun géif kommen, wéini een den éischte Congé parental misst huelen. Dat war den Objet.

D'Consideratiounen, dat geet jo zrëck, wéi d'Leit alleguerten heibanne wëssen: De Congé parental ass den 12. Februar 1999 agefouert ginn.

An da komme mer awer bei d'Joer 2016, wou meng geschätzte Fraktiounskolleegin Françoise Hetto hei an dësem Plenum nach eng Kéier un d'Amendementen vun der CSV erënnert huet, déi scho beim Package vun 2016 komm waren, fir ze soen, mir missten de Congé parental anescht ersalten a mir missten de Congé parental méi dorunner upassen. Dat steet och extra am Rapport mat dran, wou et och drëm gaangen ass, fir nei Aarbechtszäitmodeller ze huelen: 20, 40, 50, 60 an 80 % zwëschent dem Employeur an dem Patron hätte misse méiglech sinn. Déi Propositionen ware gemaach ginn, wéi gesot, bei der Debatt ëm en neie Congé parental während den Debate vun 2016. Dat war och nach eng Kéier soulevéiert ginn.

Da si mer bei den Avisen.

Bei den Avisen vun de Chambres professionnelles, huet d'Chambre des Salariés gesot, dass si dat kritesch gesäit, wat d'Augmentatioun vu sechs op zwielef Joer ubelaangt. Si hätten léiwer, et géif bis aacht Joer goen, esou wéi d'europäesch Direktiv, d'Rahmendirektiv, op déi de Congé parental baséiert ass, dat virgesäit. Si versteet och, dass een dat Ganzt wollt e bësse méi souple maachen, wéi dat bis elo do ass.

De Conseil d'État huet a sengem Avis nach eng Kéier eng Opposition formelle gemaach, déi mer awer dës Kéier net méi behandelt hunn, well den Här Hahn an ech der Meenung waren, mir wéissten, wéi et haut géif ausgoen. An da wier dat just Makulatur gewiescht, fir nach eng Kéier en Amendement ze maachen an nach eng Kéier eng Ronn ze dréinen.

Et ass och nach eng Kéier drun erënnert gi beim Avis vum Conseil d'État, dass een och misst opasse mat mi-temps an net mi-temps an deene jee-weilegen Dispositiounen.

An der Positioun vun der Regierung ass et drëm gaangen, dass si gesot hunn, si wélten, dass et bei sechs Joer géif bleiwen, an dass se och Problemer hätte mat engem zousätzleche Fractionnement vun dem Congé parental. Dat ass d'Positioun vun der Regierung gewiescht. An dat waren dann och déi Diskussiounen, déi mer innerhalb vun der Kommissioun gefouert hunn a wou haut de Moien de Rapport do mat de Stëmme vun den dräi Majoritéitsparteien, mat der Enthalung vun der CSV ugeholl ginn ass.

An da géif ech d'Kap ofleeën als Rapporteur, ...

**(Interruptions diverses et hilarité)**

... an da géif ech zu menger Ried kommen als Spriecher vun der CSV.

**Discussion générale**

Ech hunn et schonn eng Kéier gesot: Zum Congé parental huet d'Françoise, déi honorabel Françoise Hetto, ...

**(Hilarité)**

... heibannen den 11. Oktober 2016 gesot: „D'Famill kritt mam Congé parental d'ënnerstëtzung vum Staat, déi hir och zoustee.“

Mir müssen drun erënnern: 2016 ass d'Méiglechkeet vun der Allocation d'éducation ofgeschaaft ginn. Mat der Allocation d'éducation war et méiglech, vun 0, nee, vun 3 bis 24 Méint, oder bei 3 Kanner bis 48 Méint, kënnen doheemzebleiwen. Gläichzäiteg war et och deemools méiglech, deemno wéi de Revenu war, dass een awer nach konnt schaffe goen a gläichzäiteg vun der Allocation d'éducation profitéieren.

Doropshin hat d'Françoise Hetto schonn an der Kommissioun Amendementen erabruecht, déi d'Ministesch och laut Procès-verbal vun de Kommissiounen ganz interessant fonnt huet, mee et wier ze spéit, fir dat nach aféieren ze loosse. Mee et géif een awer net ausschléissen, dass, wann eng Kéier e Bilan géif gezu gi vun dem Congé parental, ee verschiddener vun deenen Dispositiounen kéint iwwerhuelen.

Hei am Plenum ass nach eng Kéier ënnerstrach gi säitens der CSV, dass et ëmmer de Choix vun de Famillje sollt bleiwen ze decidéieren, a wat fir engem Familljemodell a wéi si wélte liewen, ob dat

ass, de Choix ze hunn, dass se zu zwee schaffe ginn oder ob ee schaffe geet, ass och nach eng Kéier heibanne gesot ginn.

A wann ee gären hätte, dass méi Mammen a Frae kënne mat schaffe goen, muss een och iwwert d'Flexibilitéit an d'Organisatioun vun den Aarbechtszäiten diskutéieren, da brauch een eng aner, méi eng modern Aarbechtszäitdiskussioun.

An, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ee Saz, deen do drasteet, dass et nach wäert 20 Joer daueren, bis mer déi Flexibilitéit mam Teletravail hätten, do huet de Covid eis elo gewisen, dass et och e bësselche méi séier geet.

Mee all déi aner Punkte vun deemools sinn nach ëmmer richtig, dass et wichteg ass, eng aner Aarbechtszäitorganisatioun ze kréien an och do ëmmer méi Méiglechkeete müssen ze schafen, fir op méi flexibel Aarbechtszäiten zrëckzegoen, méi flexibel Aarbechtszäite fir d'Eltere vun deene Kanner, well et wichteg ass, dass d'Eltere bei hire Kanner kënne sinn, mee awer och gläichzäiteg déi Flexibilitéit ze hunn, déi och an de Betriber plazeweis gebraucht gëtt, an dass een do e Mëttelwee muss fannen an dass dat och sollt iwwert d'Tariffpolitik goen.

Doropshin huet deemools d'Familljeministesch geäntwert, si wélit awer ënnersträichen: „Wann d'CSV hei mengt, et hätte ee misse méi wäit goen, jo. Mee dëst ass, an dat wëll ech hei ganz kloer soen, e Prozess, an dat hei ass en éischte Schratt. An et kann een net als Regierung en Accord, deen ee mam Patronat a mat de Gewerkschafte fonnt huet, op eemol als Regierung einfach ewechhuelen.“

Ech wëll just soen, Madamm Minister, wann ech den Avis vun der Chambre des Salariés awer liesen, an och zu deem Projet vu virdrun, bei deem d'Chambre des Salariés reklaméiert, dass dat, wat ofgemaach gi war mat hinne vum Joer 2015, ni zestane komm wier an dass se déi Retroaktivitéit gären hätten. Wann een op deem enge Punkt esou rigid ass, da géif ech just proposéieren, soll een dat och an deem anere Punkt maachen!

Dat waren d'Diskussiounen, déi deemools gefouert gi sinn. An ech soen lech, et ass nach ëmmer fir eis dat selwecht, dass mir der Meenung sinn, dass d'Eltere müssen de Choix hunn an dass mer eng aner Aarbechtszäitorganisatioun brauchen an dass d'Elteren och de Choix müssen hunn, ob se bei de Kanner bleiwen a wéi laang se wëlle bei de Kanner bleiwen. Déi Méiglechkeet muss gi sinn.

Et muss ee jo och wëssen, dass an der Pensiouns-, ...

**(M. Marc Spautz se retourne et regarde le Président.)**

... a nee, pardon, e sëtzt elo do ... An der Pensiounsreform ass och festgehalde ginn, dass een och ka cotiséieren, fir déi Joren net ze verléieren - wat virdrun net de Fall war an der Pensiounsreform -, mat engem minimale Beitrag, fir dass näischt soll verluer goen. Dat war ee vun den Akzenter, deen och deemools bei där Pensiounsreform gemaach ginn ass, wat virdrun nämlech net de Fall war. Domat ass déi Méiglechkeet geschaaft ginn.

Et ass net, dass domadder automatesch Karrière verluer gi sinn, mee och déi Méiglechkeet war do. An dofir si mir haut nach ëmmer der Meenung, dass ee muss de Familljen de Choix loosse, an dofir si

## Le saviez-vous ?

### COMPTE RENDU

Le compte rendu est une publication de la Chambre des Députés qui reproduit dans leur intégralité toutes les interventions faites lors des séances plénières de la Chambre des Députés. Il contient par ailleurs un résumé des textes législatifs adoptés, les questions posées aux membres du Gouvernement et les réponses reçues ainsi qu'un aperçu général des activités de la Chambre des Députés. Le compte rendu est distribué gratuitement en tant que supplément des trois principaux quotidiens. Il peut être consulté en ligne sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Séances publiques - Comptes rendus des séances.

### GROUPE POLITIQUE

Un groupe politique est une formation interne de la Chambre des Députés réunissant des membres de celle-ci d'après leurs affinités politiques. Pour être reconnu, un groupe politique doit comprendre au moins cinq membres. Chaque groupe politique désigne un président qui le représentera au sein de la Conférence des Présidents et se voit mettre à sa disposition des locaux et des crédits calculés sur base de sa représentation proportionnelle à la Chambre.

### BUREAU DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Le Bureau, élu par la Chambre, se compose du Président, de trois Vice-Présidents et de neuf membres au plus. La Chambre élit également des membres suppléants permanents, dont le nombre maximal est fixé à neuf. Le Secrétaire général fait partie du Bureau sans toutefois pouvoir participer aux votes. Le Bureau représente la Chambre sur le plan national et international et règle les questions financières et d'organisation concernant les députés, le Parlement et ses organes. Par ailleurs, il s'occupe de la gestion des affaires de la Chambre et prend les décisions relatives au personnel de l'administration parlementaire.

### COMMISSIONS PARLEMENTAIRES

Pour faciliter, rationaliser et préparer les travaux parlementaires en séance publique, la Chambre forme des commissions permanentes et, en cas de besoin, spéciales. Les commissions sont chargées d'examiner les projets et propositions de loi ainsi que les amendements et motions que le Président leur renvoie. Elles ont également pour mission de préparer des débats ainsi que d'organiser des auditions et des visites.





mer och der Meenung, dass een dat misst méi flexibiliséiere beim Congé parental, fir den Eltere méi Méiglechkeeten ze ginn, fir bei hire Kanner können ze bleiwen. Domadder hunn se och d'Méiglechkeet, déi Wäermt ze ginn, déi déi Kanner brauchen, wat nach d'lescht Woch heibannen am Debat iwwert d'Kanner och ugefouert ginn ass a wat och ëmmer erëm erwänt gëtt am Rapport vum Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand.

Grad an enger Zäit wéi elo, och grad duerch de Covid, duerch dee verschidden aner Problemer entstane sinn, wësse mer, dass een alles misst maachen, fir dass mer et och nom Covid, wou d'Elteren elo op de Congé pour raisons familiales an aner Saache konnten zrëckgräifen, fäerdegbréngen, mat méi engem flexibele Congé parental de Kanner an den Elteren d'Méiglechkeet ze ginn, méi laang zesummen ze sinn.

An opgrond vun deenen Dispositiounen vun der Pen-siounsreform ass et och méiglech, dass - net wéi an der Vergaangenheet, an dat hu mir ni bestridden - et do och Méiglechkeete gëtt, dass dee Problem vun de Karriärsaboussen, déi déizäit verschidde Leit, meeschtens Fraen, erlidden hunn, doduerch, dass se bei de Kanner bliwwen sinn, sech och net méi esou staark stellt wéi dat virdrun de Fall war. An dofir si mir der Meenung, dass et wichteg ass, dass déi Proposition de loi net eng Dispositioun bleift, mee dass dat zu engem Gesetz gëtt.

Ech soen Iech villmools Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Spautz. An nächste Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Max Hahn (DP).** - Merci, Här President. Merci och dem Här Spautz dann nach eng Kéier fir den zweete Rapport hei, souwuel dee mëndleche wéi och säi schrëftlechen.

Dës Proposition de loi erlaabt eis nach eng Kéier, ganz kuerz zrëck an d'Zäit ze goen. D'Madamm Ministesch huet gesot: „Den Här Spautz mécht dat ganz gär.“ Ech därf dat dann hei och eng Kéier maachen.

2016, wéi mer d'Reform vum Congé parental hei gestëmmt hunn, dat war jo, wéi soll ech soen, ... De Gilles Baum war de Rapporteur. Souwuel déi Aarbechten, déi mer an der Kommissioun haten - d'Preparatiounsphas -, wéi och de Vott a virun allem d'Resultat duerno sinn eppes, wat ech op alle Fall als ganz positiv a menger Erënnerung un déi lescht Legislaturperiod zrëckhalen.

Firwat? Ma et ass eis drëms gaang, fir derfir ze suergen, dass d'Eltere méi Zäit mat hire Kanner verbréngen, dass d'Eltere méi op de Congé parental zrëckgräifen an dass d'Eltere sech de Congé parental kënne leeschten a virun allem och, dass d'Pappe méi op de Congé parental zrëckgräifen. An all dëst, wat ech Iech grad opgezielt hunn, ass eis, an dat ënnermaueren eis Zuelen, mat der Reform vum Congé parental och gelongen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Max Hahn (DP).** - Dem Här Spautz seng Proposition de loi fokusséiert sech eigentlech op véier Voleten, op déi ech elo kuerz wäert agoen, fir och ze begrënnen, firwat mir dës net wäerte matstëmmen.

Zum enge wëll en eng Ännerung maachen. Am Moment ass et esou, dass ee bis zum Alter vu sechs Joer vum Kand därf de Congé parental huelen. Et gëtt awer schonn eng Ausnam am aktuelle Gesetz:

Dat ass, wann een en adoptéiert Kand huet, dat een da vläicht och eréischt an engem méi héijen Alter kritt. Dat gëtt da bis op zwielef Joer erweidert, fir dass een eeben och déi Zäit mam Kand ka verbréngen.

Mee soss ass deen Alter op sechs Joer begrenzt. An den Här Spautz wëllt deen a senger Proposition de loi op zwielef Joer hiewen. Dat ass eppes, wat mir am Prinzip keng gutt Iddi fannen. Ech soen Iech och firwat: Et ass grad wichteg an der frëier Kandheet, dass een eng Bindung opbaut zum Kand, dass een Zäit mat sengem Kand verbréngt.

Mir hunn och d'lescht Woch hei an eiser Diskussioun ëmmer erëm vun deenen 1.000 éischten Deeg geschwat, wéi wichteg et ass, Zäit mat senger Kanner ze verbréngen. An dofir géife mir ganz gär bei der aktueller Dispositioun vun deene sechs Joer bleiwen. Wéi gesot, et gëtt och eng Begrënnung dofir. Déi sechs Joer si jo och net ganz aus der Loft gegräff. Aktuell gëtt et scho verschidden Dispositiounen. Ech denken un d'Erhéijung vum Kanner-geld, déi ab dem Alter vu sechs Joer vum Kand antrëtt. Dat ass den Ofschloss vum éischten Zyklus aus dem Fundamental. A mir géifen, wéi gesot, dës Altersgrenz gären esou bäibehalen.

Ech wëllt awer och nach eng Kéier drop hiweisen, dass, wéi gesot, d'Dispositioun vun deenen zwielef Joer awer gëllt an dat och ganz wichteg ass fir Kanner, déi een adoptéiert huet.

Den zweete Volet aus dem Här Spautz senger Proposition de loi betrëfft d'Méiglechkeet, de Congé parental weider ze fraktionéieren, also nach méi Flexibilitéit derbäizesetzen, wéi schonn 2016 agefouert gouf. Dem Gesetzesvorschlag no géifen et hei bal keng Limitte méi ginn.

Gläichzäiteg géif et awer verschidde Formen vum Congé parental, dee mer säit 2016 kennen, net méi ginn. Dat betrëfft déi véier Méint à temps plein oder de Congé parental à temps partiel vun aacht Méint.

Dee Moment riskéiert een awer, mam ausgeschwatenen Zil grad de Contraire ze bewierken. Firwat ass dat esou? Ech erkläre mech. Elo huet de Patron nämlech eng Iwwersiicht iwwert déi verschidde Modalitéiten vum Congé parental, déi méiglech sinn: 4 oder 6 Méint en bloc, 8 oder 12 Méint à temps partiel oder 20 % d'Woch während 20 Méint oder véier-mol ee Mount während 20 Méint.

D'DP gëtt ze bedenken, dass wann déi Iwwersiicht net méi besteet, mir da riskéieren, dass de Salarié dee fraktionéierte Congé parental an Zukunft carrement refuséiert kritt. An dëst, léif Kolleegen, Kolleginnen, wier eiser Meenung no genee de Géigendeel vun deem, wat mir an och wat dës Gesetzesvorschlag viséiert, nämlech dass de Salarié daitlech manner Méiglechkeeten herno hätt, de Congé parental ze huelen.

Den drëtten Volet, op deen ech wëll agoen, betrëfft dann d'Sträiche vun der Konditioun, dass den éischte Congé parental direkt nom Congé de maternité oder nom Congé d'accueil muss geholl ginn.

Hei wëll ech eppes wierklech betounen: 2016, mat der Reform vum Congé parental, ass d'Welt jo net komplett op d'Kopp geheit ginn. Zanter 1999, wéi de Congé parental an d'Liewe geruff ginn ass, war et d'Zil, dass d'Elteren am ganz jonken Alter vum Kand kéinten Zäit mat him verbréngen. Schlisslech ass et an deenen éischte Liewensméint vum Kand, wou d'Bindung zu den Elteren opgebaut gëtt.

Am véierte Volet vum Här Spautz senger Proposition de loi geet et ëm d'Méiglechkeet, de Congé parental ofzebriechen oder ze ënnerbriechen, wann en

Accord tëscht dem Salarié an dem Employeur besteet. Hei ginn ech ze bedenken, dass dëst riskéiert, dem Patron en Drockmëttel op de Salarié ze ginn, de Congé parental fréizäiteg ofzebriechen. Och dëst kënne mir als Demokratesch Partei net matdroen.

Här President, aus dëse genannte Grënn wäerte mir als Demokratesch Partei der Proposition de loi vum Här Spautz keng Zoustëmmung ginn.

An ech géif Iech, léif Kolleginnen a Kolleegen, Merci soe fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Hahn. An nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).** - Här President, merci och nach emol dem Här Marc Spautz an och dem Här Max Hahn fir seng Erläuterung. An dat erlaabt mir, och net méi allze laang op alles anzegoen. Ech wëll just nach eppes awer och bemierken, wat mir um Häerz läit, well mer dat och grad déi lescht Woch an der Interpellatioun vum Här Wilmes iwwert déi kleng Kanner gehat hunn, wou ech och driwwer geschwat hunn: déi ganz staark Bindung!

Dofir fannen ech dee Punkt, wou Der wierklech sot, dass de Congé parental net soll direkt no der Gebuert geholl ginn, mee méi spët, wierklech guer keng gutt Iddi, well grad déi Bindung, déi d'Mammen an d'Pappe kennen do opbauen, direkt no enger Gebuert, immens wichteg ass. An dat erlaabt och eeben, dass d'Kanner herno méi staark ginn an hirem Liewen. An ech mengen, dat hat Dir an Ärer Fraktioun an, ech mengen, och den Här Wilmes selwer gesot. Dofir wëllt ech einfach nach emol betounen, dass dat fir eis och net a Fro kënnt, also dass mir eis dann och uschlëissen an dës Projéit de loi leider net stëmmen.

■ **Une voix.** - Ganz gutt!

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).** - Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Simone Asselborn-Bintz. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Djuna Bernard.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Merci, Här President. Nach eng Kéier merci un den Här Spautz als Rapporteur vun dëser Proposition de loi. Ech faasse mech kuerz. Mir wäerten dës Gesetzespropos net matstëmmen. Ech mengen, dass ganz vill an dësem Domän scho geschitt ass an och nach wäert geschéien. Ech verweisen op de Congé parental fir Independanten, dee menges Wëssens no Ufank des nächste Joers vum zukünftigen Aarbechtsminister wäert presentéiert ginn. An dat ass, mengen ech, nach e weidert Baustéck an deem Ganzen, dat nach soll kommen an dat eng wichteg Aarbecht ass, wou dës Regierung, mengen ech, sech definitiv net brauch ze verstopen. An deem Sënn géife mer dës Proposition de loi net matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Djuna Bernard. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Merci, Här President. Ech maachen et relativ kuerz. Och hei soen ech dem honorabele Marc Spautz villmools Merci fir déi gutt Dispositioun, déi en hei agereecht huet an déi och ganz vill Sënn mécht. An et huet een och gesinn, dass dat awer och ganz interessant ass. D'lescht Woch hate mer hei d'Debatt iwwert d'Wuelbefanne vun de Kanner. Do ass jo och awer hei e bëssen de Konsens gewiescht, wann ech mech richteg erënne-

ren, dass et wichteg wier, dass d'Kanner doheem bei hiren Eltere sinn, dass dat e Modell ass, dee mer mussen och verteidegen, an net onbedéngt se just dohinner drängen, dass se an d'Strukture ginn.

An hei ass am Fong geholl elo eng Geleeënheet, fir deem e bëssen entgéintzekommen. Natierlech hätt een och nach kënne méi wäit goen. Mee dat hei ass awer emol en Ufank, fir dat méi ze erméiglechen.

Ech mengen, ech kann dat widerhuelen: Mir haten och schonn an eiselem Walprogramm virgeschloen, en ADR-Elteregeld anzeféieren, dat all d'Eltere kréien - ee vun den Elteren -, déi doheem bleiwe bei hire Kanner, wéi vill Joren dat och ëmmer sinn. Eng Plaz an enger Crèche kascht de Staat 1.500 Euro. Ma da kann een déi Suen huelen an deene Leit ginn, déi doheem op d'Kanner oppassen.

An dat ass genau sou sënnvoll, wann net esouguer méi, an dat ass och eng Saach vu Gerechtegkeet, fir souwuel déi Leit ze ënnerstëtzen, déi hiert Kand an eng Struktur wëlle ginn, wou dat och da vläicht néideg ass, mee och déi ze ënnerstëtzen, déi sech doheem wëllen an engem gewëssene méi traditionelle Modus - dat ass jo haut dann net méi esou gutt ugesinn - ëm d'Kanner këmmern.

Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Keup. An da wier et un der honorabelen Madamm Myriam Cecchetti.

(Brouhaha)

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Här President, d'Ausgangsbasis vun dëser Proposition de loi ass ...

(Interruption par M. Marc Goergen)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Goergen huet d'Wuert nach net.

(Brouhaha)

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - ... de Congé parental-Modell, deen aktuell en vigueur ass.

(Brouhaha)

Dës geet op eng Reform vun 2016 zrëck, déi déi Lénk och ënnerstëtzt hunn. Den aktuelle Modell vum Congé parental bitt méi flexibel Optiounen fir Zäitandeelung tëscht Aarbecht a Congé, erweidert d'Eligibilitéitskriterien fir Salariéen - méi Leit kruten Zougang zu dësem Congé -, eng Erhéijung vun de Prestatiounen - un de Revenu gebonnen -, eng Méiglechkeet, de Remboursement vun engem Immobilieprêt während dem CP ofzeschalten.


Et hunn doduerjer och méi Männer de Congé parental ugefrot, notament an den éischten zwielef Méint no der Gebuert, wat virdrun éischter rar war. Nach zwëschent 2003 an 2011 hu manner wéi d'Hallschent vun de Männer dës Congé an den éischten zwielef Méint no der Gebuert geholl. Zwëschent 1999 an 2007 hu 46,3 % Mammen an 10,6 % Pappen dës Congé geholl. 2016 ass dës Taux par rapport zu 2015 fir d'Pappen ëm 75 % geklommen, an 2017 ëm 47 % par rapport zu 2016, laut dem Zwëschebilanrapport vum LISER. An am Dezember 2020 hate souguer 14 % méi Männer Congé parental geholl wéi Fraen.

Här President, mir gesi lauter positiv Entwécklun-

# De Petitiounssite vun der Chamber

Start Är eege Petitioun  
oder ënnerstëtzt aner Petitiounen  
mat Ärer Ënnerschrëft op  
[www.petitions.lu](http://www.petitions.lu).

Et ginn zwou Zorte  
vu Petitiounen:  
d'**Pétitions publiques** an  
d'**Pétitions ordinaires**.







gen a Richtung méi Egalitéit, méi Accessibilitéit a méi Flexibilitéit vum Congé parental säit 2016. En revanche gesi mer awer och, datt nach villes ze verbesseren ass, fir dass de Congé parental egalitär, universell zougänglech, inklusiv a finanziell drobar ka sinn. Dat wier d'Aufgab vun enger weiderer Reform, déi heifir néideg wier.

Här President, fir eis schéngen d'Fuerderunge vun der Gesetzespropos vun der CSV e klenge Schrott an déi richtig Richtung ze sinn. Mir hunn näischt dorunner aussetzen, datt déi Obligatioun ewechfält, den éischte Congé parental direkt nom Congé de maternité oder dem Accueil ze huelen. Allerdéngs gesi mir déi Phas direkt no der Gebuert vum Kand als déi, an där d'Elteren am meeschten Aarbecht hunn an och am meeschte Bindung kënnen opbauen. Et ass awer leider och déi Phas, wou Frae meeschtens aleng dostinn, nodeems de Congé d'accueil vum Partner, dat heescht déi zéng Deeg, ofgelaf ass. Dat féiert och vun Ufank un zu enger ongläicher Opdeelung a Rolleverdeelung vun der Kannererzéiungsaarbecht an der Koppel.

déi Lénk fuerderen dofir, datt de Congé parental fir de Papp scho während dem Congé de Maternité kéint ugefrot ginn, soudatt béid Eltere sech bäistoe kéinte bei der Kannererzéiung, an dat vun der Gebuert un.

Här President, de Congé parental auszewäiten, bis d'Kanner den Alter vun zwielef Joer hunn, esou wéi d'CSV dat an hirem Text proposéiert, ass an eisen Aen och vertriebbar, mee par contre menge mir, datt et awer noutwendeg wier, de Congé parental fir all Elterendeel ëm e supplementéiert Joer mi-temps an en halleft Joer plein-temps ze verlängeren. Och weider méi flexibel Forme vum Congé parental erwaarde mir eis am Interessi vun de Salariéen.

D'CSV freet an hirer Propos och no méi Flexibilitéit, mee gesäit dofir d'Ausschaffe vu fixe Modeller als onnéideg. Mir mengen awer, datt et grad un engem ofgereegelte Kader fir déi verschidden Optione vum Congé parental fractionné feelt, notament well et och elo schonn eng Rei Optione gëtt, déi awer eeben nëmme „sous l'appréciation de l'employeur“ kënnen ëmgestalt ginn. Wann de Patron net matspillt, wat ass dann? Da kënnen och 1.000 Optionen opstoen, déi all net duerchkommen.

Här President, ech wëll elo awer nach op en anere Volet opmierksam maachen. Verschidden Entreprisë brauchen Ënnerstëtzung, fir iwwerhaupt kënnen de Congé parental ausbezuelen. Anerer kënnen de wéinst Personalmangel net onbedéngt déi flexibelst Congé-parental-Optione bidden. Dofir ass dat och eng Fro vun der Organisation du temps de travail, vun de Kollektivverträge, dem Aarbechtsrecht. Et bräicht ee quasi e komplett Kaderegesetz fir méi e flexibele Congé parental an den Entreprises.

Wann een dat dann eescht mengt, an net just bei den Optione beléisst, mee doraus och konkreet Méiglechkeete schafft, da fält dat an d'Responsabilitéit vum Aarbechtsministère. Deen neien Aarbechtsminister ka sech dat jo da vläicht emol duerch de Kapp goe loossen.

Här President, och bei dësem Projet stëmme mir d'Propos vun der CSV mat. D'Propos vun der CSV revolutionéiert de Congé parental zwar elo net, mee et bréngt awer e puer weider Verbesserunge mat sech.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Dat heiten ass och e ganz sympathesch Gesetzestext, well et och hei erëm drëm geet, dass d'Eltere vill méi Zäit mat hire Kanner solle kréien, a virun allem méi flexibel Zäiten. Dat ass eppes, wat eis Piraten immens gutt gefält, well mir hunn d'Vertrauen an d'Elteren, dass si et sinn, déi am beschte kënnen no hirer familiärer Situatioun entscheeden, wéini se wou hire Congé parental huelen, an dat natierlech an enger Ofsprooch mam Patron! Well et muss een natierlech och soen: e Patron ass och frou, wann e Mataarbechter huet, déi gutt doheim opgestallt sinn, déi doheim dat esou kënnen andeelen, dass se och op der Aarbecht produktiv sinn. Well alles anescht bréngt dem Betrib och näischt.

Deementspriechend wäerte mir dësen Text och ënnerstëtzen, well en déi Flexibilitéit bréngt, déi ... Jo, et ass vläicht eng liberal Astellung, deen Text, mee e bréngt awer eng gewësse Flexibilitéit a Vertrauen de Leit géigeniwwer.

Zu den zwielef Joer: Mir hunn och do d'Vertrauen an d'Elteren, dass se dat kënnen andeelen. Wann een déi nei Formule hält, déi d'CSV virgeschloen huet, ass et jo net esou, dass een deen net kéint schonn a fréie Méint huelen. Nee, et huet een einfach no uewen an der Flexibilitéit méi Chancen, fir, wann herno d'Kanner an déi schwierig Etappe komme mat sechs, siwe Joer, vläicht do nach e puer Méint ze huelen, fir vläicht do fir d'Kanner do ze sinn!

(Brouhaha)

Et ass jo elo net, dass een net an deene jonke Joren - an deene klenge Joren, wann ee frësch op d'Welt komm ass - bei de Kanner ka sinn. Nee, an dësem Text geet et jo ëm déi Flexibilitéit. Dat heescht, déi Argumentatioun, déi d'Majoritéit gebraucht huet, ass eigentlech kontraproduktiv, well déi Flexibilisatioun wär da komm an dat wär eebe bis zwielef Joer gaangen, dann, wann d'Elteren dat brauchen.

(Brouhaha)

Dass d'Independanten elo endlech och de Congé parental kréien ... Also, ech hunn ni verstanen, firwat se en ni haten. Fir mech ass et einfach keng Logik ginn. Et konnt och ni e Minister dat erklären, mee dass se dat elo endlech kréien, an ech hoffen, zimmlech schnell ...

(Brouhaha)

Ech wëll awer och nach drop opmierksam maachen, dass et e klenge Lapsus gëtt an der Politik: Huele mer d'Chamber oder d'Gemengeréit, wou mer jo awer ganz vill jonk Leit wëllen an d'Politik kréien, männlech wéi weiblech, mee et awer net méiglech ass, wann een an enger jonker Familijsituatioun ass, an engem Gemengerot oder hei an der Chamber vun deem Congé parental ze profitéieren, wat sécherlech net zur Attraktivitéit vun deem Mandat bäidréit. A wa mer wëlle jonk Leit an d'Politik kréien, musse mer och eng kéier iwwert de Wee diskutéiere fir e Congé parental fir d'Politiker.

Merci. An dem Här Marc Spautz villmools merci.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Marc Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Familljeministesche Corinne Cahen.

(Brouhaha)

Madamm Cahen, Dir hutt d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Villmools merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur villmools Merci, dass mer haut emol nees eng kéier iwwer mäi Liblingssujet hei kënnen schwätzen, nämlech iwwert de Congé parental, wat jo ee vun de Grënn war, firwat ech an d'Politik gaange sinn, well deen net flexibel genuch war, well dee ganz rigid war. Mir hu schonn dacks dorüwer geschwat. Dat war 1999 net eng familljepolitesch Mesure, mee dat war eng aarbechtspolitesch Mesure deemools. Et sinn awer d'Famillien, déi dee Congé parental brauchen. An et war eeben ëmmer esou, dass en ze vill rigid war.

Mir hunn du mat de Gewerkschaften geschwat. Mir hu mam Patronat geschwat. Mir souzen all zesummen um Dësch. Mir hu gekuckt, wéi mer dee Congé parental kéinte flexibiliséieren, fir dass en och ka genotzt ginn, fir dass e ka gebraucht ginn.

Well an der Politik soll ee jo mol fir d'éischt kucken, wat gebraucht gëtt, wat gefrot gëtt. An da soll een eeben d'Gesetzter esou schreiwen.

Fir d'éischt géif ech awer emol gäre soen, fir dat awer kloerzestellen: An där Proposition de loi ass iwwerhaupt net rieds vun engem méi laange Congé parental oder dovun, en ze verlängeren an nach méi Zäit doheem ze sinn. Dat, mengen ech, hat ech do an där Proposition de loi net dra gelies, dass mer ons hei awer eens sinn.

Mir hunn, wéi mer d'Reform vum Congé parental gemaach hunn, gesot, dass et wichteg ass, dass d'Bindung tëschent den Elteren an de Kanner direkt ka geschéien. An et bleift ons och wichteg, dass déi Bindung direkt ka geschéien an et ass sécher wichteg, dass ee vun den Elteren direkt nom Congé de maternité de Congé parental soll huelen. Dat bleift ons och politesch wichteg! A mir sinn nach ëmmer der Meenung, dass de Congé parental do ass fir kleng Kanner, fir bei klenge Kanner ze bleiwen. An dofir, mengen ech, esou wéi de Max Hahn dat och richtig gesot huet, ass dat net am Sënn vun dësem Gesetz, de Congé parental bis zwielef Joer auszewäiten.

Da géif ech gären awer och e Wuert soen zu där Flexibiliséierung. Mir hunn do vill driwwer geschwat, souwuel mat de Syndikater wéi och mam Patronat. A mir wollten eng Flexibiliséierung maachen, déi dann och wierklech genotzt ka ginn. Dat heescht, dass d'Patronen et kënnen accordéieren a gären d'Flexibiliséierung vum Congé parental accordéieren an dass d'Salariéen dovunner kënnen profitéieren. A wann een natierlech dat ze vill op d'Äusserst dreift, dann huet een herno um Enn vum Dag just Patronen, déi soen: „Dat do ass mir ze komplizéiert. Huel elo déi sechs Méint oder guer näischt. An dann ass d'Saach gehalen.“

Dat heescht, mir hunn et esou flexibiliséiert ... a mir mierke jo: De Succès vun deem Congé parental gëtt ons jo Recht! Ech kommen do nach eng kéier kuerz drop ze schwätzen. Dat heescht, mir hunn et esou flexibiliséiert, dass et Sënn mécht, dass d'Leit kënnen welen: sechs Méint ganz, zwielef Méint hallef, véier Méint ganz, acht Méint hallef oder een Dag d'Woch zum Beispill - wat ganz vill genotzt

gëtt, virun allem vu jonke Pappen -, een Dag d'Woch während 20 Méint oder véier Méint an Zäit vun 20 Méint, dat heescht véiermol ee Mount, déi een da mam Patron ausmécht.

An et ass natierlech am Sënn vum Salarié, vun der Mamm oder vum Papp, an am Sënn vum Betrib, dass ee sech eens gëtt an dass den Elterendeel méi Zäit kann hu fir säi Kand dann an dësem Fall.

Ech géif dann awer gären eng kéier de Succès vun deem Gesetz hei mat Chifferen ënnersträichen. Also, ech fänke just eng kéier un: 1999 hunn, wann ech dat elo hei richtig héichrechnen, 1.383 Fraen de Congé parental geholl a 50 Männer (veuillez lire: 1.343 Fraen de Congé parental geholl an 90 Männer). Do si mer du lassgaangen. Dunn hunn och relativ vill Fraen de Congé parental geholl. Ech muss natierlech dorun erënneren, dass et eng Indemnitéit gouf a kee Revenu de remplacement. Dat heescht, ganz vill Leit konnte sech de Congé parental och iwwerhaupt finanziell net leeschten. Mir hunn dann e Revenu de remplacement gemaach.

Zanter deem Gesetz ..., also ech soen elo mol eng kéier d'Chiffere vun 2015. Am Joer 2015 hunn 3.417 Frae vum Congé parental profitéiert an 1.178 Männer. Ech iwwersprangen all déi Joren, fir lech ze soen, dass d'lescht Joer, 2020, net 1.178 Männer vum Congé parental profitéiert hunn, mee 5.845. An dat nammlecht Joer 5.041 Fraen.

A wa mer wëssen, dass tëschent 6.000 a 6.500 Gebuerte sinn hei am Land pro Joer a mir hunn hei 10.800, bal 11.000 Leit, déi de Congé parental geholl hunn d'lescht Joer, dann, mengen ech, kënnen mer awer vun engem richtige Succès vun dësem Gesetz schwätzen. Dat gëtt wierklech gebraucht! A esou wéi elo éinescht gesot ginn ass: Den traditionelle Modus ... et bien, ech soen lech, wat mäin traditionelle Modus ass. Mäin traditionelle Modus ass, wa jiddweree finanziell onofhängeg ee vun deem anere ka liewen, fir seng Kanner ka suergen an och säi Liewe kann assuréieren, net nëmmen haut, mee och muer. Dat ass fir mech deen traditionelle Modus.

A mat dësem Gesetz vum Congé parental hate mer dat fäerdegbruecht. An ech mengen, mir sollten dat am Moment esou weiderlaffe loossen, well - ech hunn lech elo grad d'Chiffere ginn - de Succès vum Congé parental ass ganz kloer bewisen. Et si ganz vill Leit, déi dovunner profitéieren! A mir sollten en net duerch méi Flexibilitéit futti maachen an esou maachen, dass kee méi vun der Flexibilitéit ka profitéieren, well einfach d'Patronen dat dann net méi kënnen accordéieren, fir dass d'Entreprise ka weider fonctionéieren.

Ech soen lech villmools Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci der Madamm Familljeministesche Corinne Cahen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 7789. Den Text steet am Document parlementaire 7789<sup>4</sup>.

**Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 7789**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer duerno nach de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss an d'Proposition de loi 7789 ass mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova (par M. François Benoy), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché (par Mme Djuna Bernard) et M. Charles Margue.

Et ass also esou decidéiert.

Mir sinn um Schluss vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kennt muer de Mëtten um zwou Auer nees zesummen. D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 18.49 heures.)

## Sommaire des séances publiques nos 18 et 19

### 18<sup>e</sup> séance

|                                                                                                                                                                                                                         |            |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                    | p. 240     |
| Communications.....                                                                                                                                                                                                     | p. 240     |
| Ordre du jour.....                                                                                                                                                                                                      | p. 240     |
| Discours de M. le Président.....                                                                                                                                                                                        | p. 240     |
| Déclaration de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, suite aux événements qui se sont déroulés ce week-end en relation avec les manifestations contre les mesures anti-Covid-19, suivie d'un débat.....  | p. 241-252 |
| Question élargie n° 110 de M. Laurent Mosar au sujet de la lutte contre l'immigration irrégulière.....                                                                                                                  | p. 252-253 |
| Motion de Mme Nathalie Oberweis relative à la mise en place d'un mécanisme spécifique d'aides financières en faveur de certaines associations sans but lucratif.....                                                    | p. 253-254 |
| 7852 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à financer l'acquisition et le support logistique de véhicules de commandement, de liaison et de reconnaissance (CLRV) pour les besoins de l'Armée luxembourgeoise..... | p. 254-257 |

### 19<sup>e</sup> séance

|                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                        |            |
|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   | p. 258     |
| Ordre du jour.....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                     | p. 258     |
| Dépôt d'une motion par M. François Benoy.....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                          | p. 258     |
| 7632 - Projet de loi portant transposition de la directive (UE) 2018/1972 du Parlement européen et du Conseil du 11 décembre 2018 établissant le code des communications électroniques européen et portant modification de la loi modifiée du 30 mai 2005 portant : 1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation ; 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État..... | p. 259-265 |
| Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des résultats de la 26 <sup>e</sup> Conférence des parties à la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques dite COP26.....                                                                                                                                                                                                                                                  | p. 265-270 |
| Motion de M. François Benoy relative à l'action gouvernementale en matière d'énergie nucléaire.....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                    | p. 270-271 |
| 7788 - Proposition de loi portant modification du livre IV du Code de la sécurité sociale en vue d'augmenter le montant de l'allocation familiale et d'introduire une allocation complémentaire pour familles nombreuses.....                                                                                                                                                                                                                          | p. 271-273 |
| 7789 - Proposition de loi portant modification :<br>1° du Code du travail ;<br>2° du Code de la sécurité sociale ;<br>3° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;<br>4° de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux.....                                                                                                                           | p. 273-275 |



Sommaire

| Question n° | Auteur                         | Objet                                                                                                               |               |                                     |                                                                                                                                      |
|-------------|--------------------------------|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|---------------|-------------------------------------|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| 5669        | Cécile Hemmen                  | Mise à jour des étiquettes-énergie                                                                                  | 5915          | Marc Goergen                        | Policiers à vélo                                                                                                                     |
| 5689        | Sven Clement, Marc Goergen     | Contrôles de qualité dans les maisons de retraite et de soins                                                       | 5917          | Max Hengel                          | Nouveau système d’alerte                                                                                                             |
| 5691        | Fred Keup, Jeff Engelen        | Dommages suite aux inondations de l’été 2021                                                                        | 5918          | Diane Adehm                         | Attribution de l’allocation de vie chère                                                                                             |
| 5716        | Octavie Modert                 | Promotion de la littérature dans l’enseignement secondaire                                                          | 5919          | Fernand Kartheiser                  | Demandeurs de protection internationale                                                                                              |
| 5756        | Jeff Engelen                   | Absentéisme dû au CovidCheck dans la fonction publique                                                              | 5920          | Fernand Kartheiser                  | Aide financière pour l’Ukraine                                                                                                       |
| 5768        | Fernand Kartheiser             | Conditions de travail chez Qatar Airways                                                                            | 5923 cf. 5962 | François Benoy                      | Difficultés actuelles d’échanger de la monnaie ukrainienne                                                                           |
| 5769        | Laurent Mosar                  | Agence eSanté                                                                                                       | 5926          | Sven Clement                        | Transfert de demandeurs de protection internationale de la structure d’hébergement d’urgence vers les locaux de la « Wanteraktioun » |
| 5771        | Sven Clement                   | Rapport de l’Action solidarité tiers monde (ASTM)                                                                   | 5927          | Tess Burton                         | Déclaration pour l’impôt sur le revenu de l’année 2021                                                                               |
| 5787        | Djuna Bernard                  | Protection des données personnelles des élèves sur la plateforme « Microsoft Teams »                                | 5928          | Fernand Kartheiser                  | Exposition « Le passé colonial du Luxembourg »                                                                                       |
| 5791        | André Bauler, Gusty Graas      | Construction de grandes serres                                                                                      | 5931          | Roy Reding                          | Importation de voitures                                                                                                              |
| 5794        | Max Hahn, Gusty Graas          | Pollution de la Moselle causée par la centrale nucléaire de Cattenom                                                | 5932          | Roy Reding                          | Statut vaccinal des donateurs de sang                                                                                                |
| 5797        | Mars Di Bartolomeo             | Pénurie de médecins du travail                                                                                      | 5933          | Tess Burton                         | Tacite reconduction des contrats                                                                                                     |
| 5798        | Marc Spautz                    | Demande d’agrément du groupe Orpea pour l’exploitation d’une structure d’accueil pour personnes âgées au Luxembourg | 5934          | Fred Keup, Jeff Engelen             | Conversion de prairies en terres agricoles                                                                                           |
| 5801        | André Bauler                   | Réaménagement des anciens locaux du LTA                                                                             | 5935          | Fred Keup                           | Bachelor en sciences sociales et éducatives                                                                                          |
| 5804        | Fernand Kartheiser             | « Wanteraktioun »                                                                                                   | 5936          | Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti | Application de la circulaire n° 3324                                                                                                 |
| 5807        | Fernand Kartheiser             | Mesures de création d’emplois                                                                                       | 5938          | Mars Di Bartolomeo, Yves Cruchten   | Retards en matière de subventions d’intérêts                                                                                         |
| 5812        | François Benoy, Charles Margue | Congé pour raisons familiales lié à la pandémie Covid-19                                                            | 5939          | Sven Clement                        | Habilitation de sécurité                                                                                                             |
| 5813        | Fred Keup                      | Acquisition de la nationalité luxembourgeoise                                                                       | 5941          | Roy Reding                          | Introduction d’une taxe carbone européenne                                                                                           |
| 5819        | Max Hengel                     | Cours particulier pendant la pandémie                                                                               | 5942          | Gusty Graas, Carole Hartmann        | Lutte contre l’endométriose                                                                                                          |
| 5821        | Sven Clement, Marc Goergen     | Panne du site meteolux.lu                                                                                           | 5943          | Fernand Kartheiser                  | Cyberattaques                                                                                                                        |
| 5824        | Marc Spautz                    | Semaine de travail                                                                                                  | 5944          | Marc Goergen                        | Statut du personnel des CFL                                                                                                          |
| 5828        | Sven Clement                   | Reprise d’emballages                                                                                                | 5945          | Fernand Kartheiser                  | Harmonisation du taux de TVA au sein du Benelux                                                                                      |
| 5830        | Djuna Bernard, Jessie Thill    | Mise en œuvre de recommandations européennes en faveur des compétences numériques des jeunes                        | 5946          | Serge Wilmes                        | Documents du Centre de documentation et de recherche pour la résistance                                                              |
| 5831        | Marc Goergen                   | Matériel scolaire pour les enseignants de l’enseignement fondamental                                                | 5947          | Mars Di Bartolomeo                  | Logements locatifs abordables                                                                                                        |
| 5842        | Mars Di Bartolomeo             | Âge effectif des départs à la retraite                                                                              | 5948          | Dan Biancalana                      | Blocage d’accès pour les mineurs aux sites pornographiques                                                                           |
| 5847        | Marc Goergen                   | Projet COFRID                                                                                                       | 5952          | François Benoy                      | Application à la zone franche des sanctions à l’égard d’oligarques russes                                                            |
| 5853        | Josée Lorsché, Marc Hansen     | Campagne de vaccination contre la Covid-19                                                                          | 5953          | Max Hengel                          | Complications postopératoires après une infection Covid-19                                                                           |
| 5854        | Gusty Graas                    | Engrais biologique                                                                                                  | 5954          | Fred Keup                           | Conférences avec des membres du Gouvernement dans les écoles                                                                         |
| 5862        | Fernand Kartheiser             | Programmation du Luxfilmfest                                                                                        | 5955          | Marc Goergen                        | Litiges avec l’Administration des contributions directes                                                                             |
| 5863        | Jeff Engelen                   | Centres d’accueil pour femmes en détresse                                                                           | 5956          | André Bauler, Gusty Graas           | Augmentation du prix de la viande                                                                                                    |
| 5864        | Martine Hansen                 | Université populaire                                                                                                | 5957          | Sven Clement                        | Déploiement du standard de radiodiffusion numérique DAB+                                                                             |
| 5865        | Fred Keup                      | Musée de la police                                                                                                  | 5959          | Fernand Kartheiser                  | Mères porteuses ukrainiennes                                                                                                         |
| 5868        | Marc Goergen                   | Digitalisation auprès de la Police grand-ducale                                                                     | 5960          | Sven Clement, Marc Goergen          | Impact des sanctions contre la Russie sur le secteur culturel                                                                        |
| 5870        | Fernand Kartheiser             | Collecte des dons                                                                                                   | 5962 cf. 5923 | François Benoy                      | Difficultés d’utiliser des cartes de paiement ukrainiennes                                                                           |
| 5876        | Jeff Engelen                   | Slots de décollage dans les aéroports                                                                               | 5963          | François Benoy, Jessie Thill        | Volonté du Gouvernement belge de prolonger deux de ses réacteurs nucléaires                                                          |
| 5880        | Carlo Weber                    | Rond-point au poteau de Harlange                                                                                    | 5964          | Marc Goergen                        | Situation sanitaire dans le secteur des soins                                                                                        |
| 5881        | Max Hahn, Carole Hartmann      | Congé parental                                                                                                      | 5965          | Léon Gloden                         | Attaques de bancomat à l’explosif                                                                                                    |
| 5883        | Paul Galles                    | Accueil de réfugiés issus de l’Ukraine                                                                              | 5966          | André Bauler                        | Réfection de la N15 à Niederfeulen                                                                                                   |
| 5885        | Martine Hansen                 | Collecte des déchets arbustes et plastiques agricoles                                                               | 5967          | Roy Reding                          | Évaluation de la réforme du divorce                                                                                                  |
| 5891        | Martine Hansen                 | Chargés de cours                                                                                                    | 5968          | Fernand Kartheiser                  | Demandes de protection internationale introduites par des citoyens russes                                                            |
| 5893        | Fernand Kartheiser             | Suspension de la construction d’un monument à Esch-sur-Alzette                                                      | 5969          | Gusty Graas                         | Légion étrangère ukrainienne                                                                                                         |
| 5895        | Nathalie Oberweis              | Risque d’un contournement des sanctions contre la Russie par les « Trust and Company Service Providers » (TCSP)     | 5971          | Marc Goergen                        | Avantages fiscaux de cartes carburant                                                                                                |
| 5896        | André Bauler, Gusty Graas      | Service téléphonique spécial « En oppent Ouer fir de Bauer, Wénzer a Gäertner »                                     | 5976          | Laurent Mosar                       | Autorisations requises au titre de la législation sur les armes                                                                      |
| 5897        | André Bauler, Gusty Graas      | Production d’asperges                                                                                               | 5977          | Marc Goergen                        | Construction d’un passage souterrain ferroviaire à Pétange                                                                           |
| 5898        | Marc Goergen                   | Retard du chantier du Pont Büchler                                                                                  | 5983          | Marc Goergen                        | Hébergement de demandeurs de protection internationale dans des immeubles appartenant à la Famille grand-ducale                      |
| 5901        | Max Hengel, Léon Gloden        | Sécurité sur la piste cyclable le long de la N11 entre Waldhaff et Gonderange                                       | 5990          | Sven Clement, Marc Goergen          | Digitalisation du certificat de résidence                                                                                            |
| 5902        | Marc Goergen                   | Situation des animaux domestiques des réfugiés                                                                      | 5993          | Diane Adehm, Paul Galles            | Nouvelle identité pour « myenergy »                                                                                                  |
| 5903        | Jeff Engelen                   | Statut de la Société nationale de circulation automobile et de la Société nationale de contrôle technique           | 5996          | Léon Gloden, Laurent Mosar          | Incident récent dans le nord du pays avec un pistolet softair                                                                        |
| 5904        | Marc Goergen                   | Recouvrement forcé                                                                                                  | 5998          | Jeff Engelen                        | Étiquetage des vins                                                                                                                  |
| 5906        | Nathalie Oberweis              | Aide luxembourgeoise à l’Ukraine                                                                                    | 6000          | Fernand Kartheiser                  | Détention en attente d’expulsion                                                                                                     |
| 5907        | André Bauler                   | Changement du concept du Centre Hospitalier du Nord                                                                 | 6002          | Jeff Engelen                        | Remboursement des soins dentaires                                                                                                    |
| 5909        | Jeff Engelen                   | Sécurité alimentaire                                                                                                | 6009          | Fernand Kartheiser                  | Situation de logement des réfugiés ukrainiens                                                                                        |
| 5910        | Djuna Bernard                  | Prime énergie pour les ménages à faible revenu                                                                      | 6019          | Max Hengel, Paul Galles             | « Wanteraktioun 2022 »                                                                                                               |
| 5911        | Fernand Kartheiser             | Situation de M. Roman Protassewitsch                                                                                |               |                                     |                                                                                                                                      |
| 5913        | Roy Reding                     | Dividendes de la part de POST Luxembourg                                                                            |               |                                     |                                                                                                                                      |
| 5914        | Gusty Graas                    | Connexion ferroviaire de fret entre le Grand-Duché et l’Asie                                                        |               |                                     |                                                                                                                                      |





**Question 5669** (02.02.2022) de **Mme Cécile Hemmen (LSAP)** concernant la **mise à jour des étiquettes-énergie** :

La réglementation européenne relative à l'étiquetage s'est fondée depuis 2010 sur la directive cadre 2010/30/UE, mise en œuvre par des règlements qui classent les produits sur une échelle de couleurs afin de permettre aux consommateurs de comparer les performances des produits proposés à la vente. Cette directive cadre permettait notamment aux fabricants de classer leurs produits sur une échelle allant d'A+++ à G.

Cette directive a été remplacée par le règlement (UE) 2017/1369, complété par le règlement délégué (UE) 2019/2016. Ce nouveau cadre réglementaire a engendré le retour à une échelle de A à G pour tous les produits et la mise en œuvre d'une base de données censée permettre une consultation aisée des produits commercialisés. Ainsi, les classes d'énergie dénommées A+, A++ et A+++ - susceptibles de faire l'objet d'un subside pour appareils électroménagers à faible consommation énergétique de la part des communes - ont été supprimées pour les produits dits « blancs » ainsi que pour les téléviseurs en mars 2021.

Il me revient que certains fournisseurs sont régulièrement contactés par leur client se voyant refuser la subvention de la part de leur commune au vu de la classification plus exigeante. Cette classification prête donc non seulement à confusion, mais il me semble que certains services communaux, voire même, bon nombre de nos citoyens, soient insuffisamment informés de ce changement.

- J'aimerais dès lors savoir de Monsieur le Ministre de l'Énergie si et comment les communes ont été informées de la mise à jour des étiquettes-énergie débouchant sur un changement au niveau des classes d'énergie.

- Monsieur le Ministre a-t-il eu connaissance de refus de subsides communaux en raison d'une prise en compte tardive des nouvelles classes d'énergie par les services communaux ?

- Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis qu'il serait opportun de relancer une information généralisée pour la nouvelle classification, d'autant plus que des changements sont encore prévus au courant des mois et années à venir ?

**Réponse commune** (04.04.2022) de **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie**, de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Protection des consommateurs**, et de **Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur** :

L'étiquetage énergétique de l'Union européenne constitue pour le grand public une aide précieuse pour faire des choix plus éclairés lors de l'achat de divers produits liés à l'énergie. Cependant, l'étiquetage énergétique a été en partie victime de son propre succès : plus l'efficacité énergétique des produits s'améliorait, plus les produits occupaient les catégories les plus élevées. Par conséquent, les catégories les moins efficaces énergétiquement, telles que les catégories C et D, devenaient très rares. De plus, la différence entre les catégories A++ et A+++ était moins évidente pour les consommateurs et portait à confusion.

C'est dans ce contexte, et avec pour objectif d'être plus compréhensible pour les consommateurs et d'encourager l'industrie à développer des produits plus innovants et plus économes en énergie, que le système de classification initial de A+++ à D est actuellement progressivement remplacé par une nouvelle classification plus simple allant de A (produits les plus efficaces énergétiquement) à G (produits les moins efficaces énergétiquement). Le nouvel étiquetage apporte également de plus amples informations au consommateur grâce au code QR qui donne au grand public l'accès au Registre européen de l'étiquetage énergétique des produits (EPREL).

Les produits concernés par la nouvelle classification sont à ce jour les lave-linge, les lave-linge séchant ménagers, les téléviseurs, les écrans d'ordinateur, les réfrigérateurs, les congélateurs, les caves à vin, les lave-vaisselle ménagers ainsi que les sources lumineuses. Il est à noter que d'autres groupes de produits suivront.

L'ILNAS (Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services), en tant qu'autorité compétente de la surveillance du marché pour les produits couverts par le règlement UE 2017/1369 relatif à l'étiquetage énergétique, a effectué plusieurs démarches pour diffuser l'information auprès du grand public et des opérateurs économiques, notamment :

- en diffusant en février 2021, avant l'entrée en vigueur des nouvelles étiquettes, des informations et explications détaillées sur le Portail-Qualité de l'ILNAS (<https://portailqualite.public.lu/fr/actualites/securite-sante/2021/nouvelle-generation-d-etiquettesenergetiques.html>). Ces informations ont aussi été diffusées par communiqué de presse ;

- en effectuant, en mars 2021, des campagnes de sensibilisation auprès des revendeurs pour les informer du changement d'étiquetage ;

- en élaborant des fiches d'information qui peuvent être consultées sur le Portail-Qualité, pour informer et sensibiliser les opérateurs économiques et les consommateurs sur les exigences dudit règlement.

De plus, Klima-Agence, l'agence en charge de la communication, de la sensibilisation et du conseil dans le cadre des thématiques en lien avec la protection du climat et la transition énergétique, auparavant nommée myenergy, a également communiqué spécifiquement à destination des communes :

- une communication a été adressée le 21 avril 2021 aux communes, dans laquelle il leur est également signalé qu'elles doivent adapter leurs règlements relatifs aux subventions ;

- le sujet a également été abordé dans le cadre des groupes d'accompagnement « infopoint », dans le cadre desquels Klima-Agence collabore avec les communes, et il a également été signalé dans ce contexte que les communes devaient, le cas échéant, apporter les modifications nécessaires à leur réglementation pour les subventions ;

- des informations à ce sujet sont également publiées sur le site Internet de Klima-Agence : <https://www.klima-agence.lu/fr/mediatheque1/actualites/labels-energetiques>.

**Question 5689** (04.02.2022) de **MM. Sven Clement et Marc Goergen (Piraten)** concernant les **contrôles de qualité dans les maisons de retraite et de soins** :

Wat d'Kontroll vun der Versuergung vun de Bewunner ugeet, sou geschitt déi am Kader vun der Fleegeversécherung duerch d'Equipe vum Service Qualité vum der AEC, déi um Terrain an un Hand vu fënnf Qualitéitsindicateuren, déi am Règlement grand-ducal vum 13. Dezember 2017 définiert sinn, administrativ Stéchprouwe mécht betreffend d'Qualitéit vun der Versuergung vun de Bewunner vun Alters- a Fleegeheemer.

An deem Zesummenhang wëllte mir der Ministesch fir Famill an Integratioun an dem Minister fir Sozialversécherung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kontrolle goufen, opgeschlësst no Joer an Institutioun säit dem Akraaftriede vum Règlement grand-ducal vum 13. Dezember 2017 an Alters- a Fleegeheemer gemaach?

2. Ginn dës Kontrollen am Virus bei de Gerante vun den Haiser ugemellt?

3. Wéi vill Qualitéitsproblemer goufen iwwert dës Wee pro Joer opgedeckt?

**Réponse commune** (08.03.2022) de **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration**, et de **M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale** :

ad 1. D'Administratioun fir d'Evalusioun an d'Kontroll vun der Fleegeversécherung (AEC) huet, ënner anerem als Aufgab, d'Qualitéit vun de Leeschtungen ze kontrolléieren, déi fir déi fleegebedierfteg Persoun erbruecht ginn, a Rapporten a Saache Qualitéitskontroll vun der Fleege opstellen.

Am groussherzogleche Règlement vum 13. Dezember 2017<sup>1</sup> sinn duerfir d'Critère festgehalen, wat den Inhalt vun der Fleegeokumentatioun ubelaangt, déi de Prestataire muss assuréieren, grad wéi och d'Qualitéitsindicateuren an der Prise en charge vun de fleegebedierftge Persounen.

Fir kënnen nozevollzéien ob déi fleegebedierfteg Persounen all d'Leeschtungen, déi se zegutt hunn, och kruten, gëtt d'Dokumentatioun vun de realiséierte Leeschtungen iwwerpréift. Esou eng Kontroll ass just méiglech, wann den Inhalt vun der Dokumentatioun standardiséiert, vollständeg an elektronesch zougänglech ass. Dës indirekt Mesure erméiglecht et ze iwwerpréieren, ob de Prestataire déi adequat Moyenen asetzt, fir eng qualitativ gutt Prise en charge ze assuréieren an domadder esou wuel d'Sécherheet wéi d'Intégritéit vun der fleegebedierfteger Persoun ze garantéieren.

Déi eenzel Indicateure fir d'Qualitéit an der Fleege (z. B. d'Erfaassung vun de Chutten oder Escarren, de Suivi vum Gewiicht) erméiglechen et e konkreeten Unhaltspunkt ze hunn, wat déi vum Prestataire agesaten Hëllef - a Fleegeemoosnamen am Kader vun der Fleegeversécherung ubelaangt.

Qualitéitskontrolle ginn esou wuel an den Établissements à séjour continu (ESC) duerchgefouert, wat Strukture sinn, déi eeler Leit en charge huelen, dat heescht Centres intégrés pour personnes âgées (CIPA) a Fleegeheimer, wéi och bei de Fleege-déngschter (réseaux d'aides et de soins) an an den Établissements à séjour intermittent (ESI), déi sech u Leit mat spezifesch Besoinen adresséieren.

<sup>1</sup> Règlement grand-ducal du 13 décembre 2017 déterminant le contenu de la documentation de la prise en charge et les indicateurs de qualité de la prise en charge

Et ass ze bemierken, datt niewent de Qualitéitskontrollen, d'AEC reegelméisseg Evaluatiounen vun der Fleegebedierftegkeet vun de Bewunner an den ESC duerchféiert: iwwert dës Wee gëtt och hire Suivi an d'Iwwerpréiwung vun der Qualitéit vun hiren Prise en charge garantéiert.

De follgenden Tableau resuméiert d'Kontrollvisite vum der AEC an den ESC<sup>2</sup> fir den Zäitraum vun 2019 bis 2021. Verschidde geplangte Visite konnten net ëmmer an der festgesater Zäit duerchgefouert ginn, bedéngt duerch déi sanitär Kris. Am Ganze goufen 41 Kontrollvisite realiséiert, déi all d'Gestionnairen ofdecken.

Während dem Joer 2018 goufen d'Methodologie, d'Indikatoren an d'Outil fir d'Qualitéitskontroll um Terrain ausgeschafft.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 2. D'Kontrollvisite ginn den Etablissementer 14 Deeg am Virus annoncéiert. Allerdéngs wëssen d'Prestataire net am Virus, wat fir eng Dossiere vu wéi enge Bewunner vun der AEC kontrolléiert ginn. Dëst gëtt de Responsabelen eréischt sur place, am Moment selwer, vun der AEC matgedeelt.

Während der Visitt analyséiert a kontrolléiert d'AEC déi verschidden Dokumentatiounen vun den ausgewielte Beneficiaire vun der Fleegeversécherung. Den Debriefing gëtt direkt duerno mat de Responsabelen aus dem ESC realiséiert. An all Fall gëtt och e schréfftleche Rapport vun der AEC un de Prestataire verschéckt. Dës Rapport hält fest, ob all d'Informatiounen disponibel waren a gëtt e Feedback iwwert déi adequat Fleegepraktiken an iwwert déi Beräicher, déi musse verbessert ginn. Ofhängeg vun dësem Constat gëtt eng nächst Kontrollvisite vun der AEC an deem jeeweilegen Etablissement ageplangt.

ad 3. De Code vun der sozialer Sécherheet preziséiert am Artikel 384bis:

« [...] L'Administration d'évaluation et de contrôle de l'assurance dépendance établit un rapport biennal relatif aux contrôles effectués, qu'elle transmet au comité directeur de la Caisse nationale de santé, aux ministres ayant la Sécurité sociale et la Santé dans leurs attributions et aux ministres compétents en vertu de la législation réglant les relations entre l'État et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique. »

Den éischte Rapport biennal iwwert d'Qualitéitskontrollen, deen d'Period vun 2018 bis Ugang 2020 ofdeckt, gouf wéinst der sanitärer Kris net wéi geplangt am Joer 2020, mä de 6. Mee 2021 während enger Pressekonferenz vum Minister fir d'sozial Sécherheet an der AEC virgestallt.

Am Virfeld vun där Pressekonferenz goufen d'Resultater de Membere vun der Chamberskommission fir Aarbecht a sozial Sécherheet an de Vertrieeder vun de Prestataire an de Gewerkschafte presentéiert.

Den integrale Rapport mat all de Resultater, wéi och de Résumé an de Pressecommuniqué kënnen um Internetsite vun der AEC nogelies ginn: <https://aec.gouvernement.lu/fr/docetchiffres/rapportbiennalqualite.html>

Den éischte Rapport biennal huet et erméiglecht, eng Bestandsopnam vun der Qualitéit vun de realiséierte Leeschtungen ze dresséieren an déi Beräicher ze identifzéieren, wou eng Verbesserung noutwendeg ass. Dës Punkte gi mat de verschiddene Prestataire diskutéiert an am nächste Rapport virgestallt, dee fir dat éischt Semester 2022 geplangt ass.

**Question 5691** (04.02.2022) de **MM. Fred Keup et Jeff Engelen (ADR)** concernant les **dommages suite aux inondations de l'été 2021** :

D'Héichwaasser vum 14. a 15. Juli 2021 huet fir grouse Materialschued op ville Plazen am Land gesuergt. D'Regierung huet dës als „catastrophe et calamité naturelle“ klasséiert. An deem Kontext gouf eng finanziell Ënnerstëtzung vun 100.000.000 € fir déi betraffe Leit zur Verfügung gestallt.

An dësem Kontext hätte mir follgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi héich waren insgesamt d'Schied am Land, fir déi eng Ënnerstëtzung ugefrot ginn ass?

2. Kann d'Regierung opschlëselen, wéi eng Secteuren, ewéi z. B. Gemengen, Privatleit, Geschäfte, Baueren etc., finanziell Ënnerstëtzn ggefrot hunn?

3. Wéi vill vun dësem Schied goufe vun den Assurancë rembourséiert - och opgeschlësst no de jeeweilege Secteuren?

<sup>2</sup> ESC (Établissements à séjour continu) sinn Etablissements, déi sech un eeler Persounen adresséieren. Et handelt sech dobäi esou wuel ëm « CIPA - Centres intégrés pour personnes âgées », och oft « Altersheemer » genannt, an de Fleegeheimer (maisons de soins).

4. Fir wéi vill vun deene Schied ass d'Regierung opkomm - och opgeschlësst no de jeeweilege Secteuren?

5. Wéi héich ass déi finanziell Ënnerstëtzung - och opgeschlësst no de jeeweilege Secteuren - déi bis ewell schon ausbezuelt gouf?

6. Existéieren nach ausstoend finanziell Beträg, déi bis dato nach net ausbezuelt goufen? Wa jo, wéi deelen sech dës ausstoend Beträg op déi eenzel Secteuren op a bis wéini kënnen déi eenzel Secteure mam Ausbezuelt vun därer finanzieller Ënnerstëtzung rechnen?

**Réponse commune** (06.04.2022) de **Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur**, de **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**, de **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration**, de **M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**, de **M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes**, et de **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** :

D'Intempéiri vum 14. a 15. Juli 2021 hu fir grouse Materialschued op ville Plazen am Land gesuergt. D'Regierung huet dës als „catastrophe et calamité naturelle“ klasséiert. An deem Kontext gouf eng finanziell Ënnerstëtzung vun 100.000.000 € fir déi betraffen Affer zur Verfügung gestallt.

ad 1. Fir de landwirtschaftleche Secteur waren dat 1.467.356,41 €.

Bei der Generaldirektioun fir Mëtzelstand goufe Schied an Héicht vu 16.270.469,15 € gemellt.

Wat de Gemengesector betrëfft, goufe Schied an Héicht vu 16.755.776,42 € gemellt.

ad 2. Et sinn 150 Demanden aus dem landwirtschaftleche Secteur (Gaardebau a Wäibau inklusiv) erakomm.

D'Generaldirektioun fir Mëtzelstand huet 150 Demandé vun Entrepreneuren registréiert.

Am Mount Juli 2021 kruten 154 Betriber Kuerzaarbecht am Kader vum „Chômage partiel cas de force majeure pour inondations“ accordéiert. Insgesamt hunn an der Zäit vu Juli 2021 bis Mäerz 2022 ongeféier 155 verschidde Betriber Kuerzaarbecht accordéiert kritt, an insgesamt 254 Demandé sinn ugeholl ginn, wëssend, dass e Betrib, sou wéi dat fir d'Kuerzaarbecht virgesinn ass, fir all Mount, wou hie virgesäit, op d'Kuerzaarbecht zrëckzegräifen, eng nei Demande muss maachen. Déi meescht Betriber, déi op dës Kuerzaarbecht zrëckgegraff hunn, sinn aus dem Horeca-Sector an aus dem Commerce.

Den Inneministère huet bis den 18. Mäerz 2022 25 Demandé vu Gemengen erakritt an eng vun engem Syndikat.

Beim Familljeministère si bis den 18. Mäerz 2022 634 Demandé vu private Menagé fir eng finanziell Ënnerstëtzung agereecht ginn. Den Hëllefdispositif vum Familljeministère soll dozou dëngen, onbedéngt noutwenneg Reparaturen a Géigestänn am Zesummenhang mam Haaptwunnsätz vun de Geschiedegte finanziell ze ënnerstëtzen, wann dës net vun der Assurance iwwerholl gi sinn. Fir de Montant vun dëser Hëllef auszerechnen, ginn d'Héicht vun de Schied, d'Revenue vum Menage an d'Unzuel vun de Leit, déi am Menage wunnen, berücksichtegt.

ad 3. Fir de landwirtschaftleche Secteur waren dat 30.796,35 €.

Am Secteur vun de mëttelstänneg Betriber kruten 19 Betriber insgesamt 3.202.015,89 € vun hire repektiven Assurancë rembourséiert.

Vu dass Gemenge sech an der Reegel selwer assuréieren, huet just eng Gemeng en Deel vun hire Schied vun der Assurance rembourséiert kritt, an zwar an Héicht vun 10.239,19 €.

Bei deene Privatleit, déi eng Demande beim Familljeministère gemaach hunn an déi eligibel fir eng Hëllef waren, hunn d'Assurancë bis elo e Montant vun 2.942.744 € rembourséiert.

ad 4. + 5. Op Grond vun den ofgeschlossenen Expertisen, déi vun deenen zwee regionale Serviceer vun der ASTA gemaach gi sinn, sinn et fir de landwirtschaftleche Secteur 620.561,89 €. Bis den 18. Februar 2022 huet de Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung 556.559,99 € ausbezuelt.

Bis den 2. Mäerz 2022 huet d'Generaldirektioun fir Mëtzelstand 4.373.440,22 € ausbezuelt.

Am Kader vun der Kuerzaarbecht sinn zanter den Iwwerschwemmungen am Juli 2021 1.174.000 € u Betriber ausbezuelt ginn.

Wat d'Aarbechten un de Gewässer an den Uwänner, déi nom Héichwaasser beschiedegt goufen, ugeet, sou krut d'Waasserverwaltung insgesamt 104 gréisser Schied mat enger estiméierter Schuedenszomm vun 11,6 Milliounen Euro gemellt. Heivunner betraff sinn insgesamt 78 Gemengen. D'Aarbechte wäerte sech awer nach iwwer länger Zäit erstrecken. Fir eng éischt Sécherung an d'Rauem vu Beem a Seditementen an a laanscht d'Gewässer goufen 2021 Aar-





bechten an Héicht vun 2,65 Milliounen Euro realiséiert.

Den Inneministère huet bis den 18. März 2022 fënnef Gemengen an ee Syndikat fir insgesamt 80.332,33 € entschidegt.

De Familljeministère huet am Ganzen Hëllef an Héicht vu 5.969.440 € u Privatleit ausbezuel. 364 Menagé kruten eng Hëllef accordéiert fir en duerchschnëttleche Montant vu 16.399,56 €. Bei 130 Menagé gouf keng Hëllef accordéiert (57 Dossiere waren net eligibel fir d'Hëllef, bei 44 Menagé waren d'Revenuen ze héich par rapport zu de Schied an an 29 Dossieren huet d'Assurance all déi eligibel Schied iwwerhol). 3 Dossiere goufen aus Kompetenzgrënn un de Wirtschaftsministère weidergeleet, an dräi Menagen hunn hir Demande zréckgezunn. Op den 18. März 2022 stinn nach 134 Dossiere beim Familljeministère op.

ad 6. Bei 31 Dossieren, déi beim Landwirtschaftsministère agereecht goufen, feelen nach Dokumenter, fir d'Expertisen definitiv ofschléissen ze kënnen. Laut den Demanden, déi erakomm sinn, sinn dat geschätzte Schied an Héicht vun 334.298,12 €.

80 Dossiere goufe vun der Generaldirektioun fir Mëttelstand nach net ganz ausbezuel, allerdéngs kruten déi jeeweileg Betriber eng Avance. Bei dësen Dossiere feelen nach Dokumenter, wéi beispillsweis „preuves de paiement“. Déi ausstoend Betrag belaf sech op eng Zomm vu 4.402.868,80 €.

D'Entscheidung fir d'Kuerzaarbecht gëtt de Betriber jeeweils nom Enn vum betrouffene Mount ausbezuel, nodeems se eng Ofrechnung vun de Stonnen, fir déi se effektiv op d'Kuerzaarbecht zréckgegraff hunn, agereecht hunn.

Op den 18. März 2022 sinn nach 20 Dossiere vu Gemengen en cours. Déi ausstoend Betrag belaf sech op eng Zomm vu 16.675.444,90 €. Zu dësem Zäitpunkt kann den Inneministère nach keng definitiv Montante vun der gesamter Ënnerstëtzung matdeelen, well d'Dossieren entweder net komplett sinn oder déi néideg Piécë feelen, fir ze analyséieren, ob déi Schied eligibel fir e Remboursement sinn oder net. D'Gemengen an d'Syndikater kënnen hir Demande nach bis den 1. Juli 2022 areeche.

Privatleit kënnen nach bis den 31. März 2022 eng Demande beim Familljeministère eraginn. Op den 18. März 2022 sinn 134 Dossieren nach net ofgeschloss, well d'Leit déi néideg Dokumenter nach net agereecht hunn (Äntwert vun der Assurance, Preuve vun de Revenuen oder - am Fall vu Residenzen - eng Opdeelung vun de Käschten). Bei verschiddenen Dossiere feelen och nach déi vum Familljeministère beoptraagte Expertise. Aus dëse Grënn kann de Familljeministère den ausstoende Betrag fir Privatleit haut nach net chiffréieren.

**Question 5716** (09.02.2022) de **Mme Octavie Modert** (CSV) concernant la **promotion de la littérature dans l'enseignement secondaire** :

An de Sproochefächer am „Enseignement secondaire“ genéisst d'Literatur en héije Stellewäert. Mat vill Engagement féieren d'Enseignanten d'Schüler un d'Wierker vun de wichtegste Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller aus de jeeweilegen Epoche vun der Literatur erun.

Am Kontext vun der Literaturvermittlung am postprimären Unterrecht wëllt ech folgend Froen un den Här Educationminister a subsidiaresch un d'Madamm Minister fir Chancëgläichheet stellen:

- A wéi engem Mooss gëtt bei der Opstellung vum Léierplang an de Fächer Wäert op e Gläichgewiicht tëscht Wierker vu weiblechen a männlechen Auteure geluecht? Wéi ass aktuell d'Verhältnis tëscht literareschen Texter vu Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller?

- Wéi vill Wierker vu Schrëftstellerinnen stinn an de Sproochefächer um Programm, opgeschlëselt no offizielle Programm an no Option?

- Wéi héich ass den Undeel vun Texter a vu Wierker vu Lëtzebuerger Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller am „Enseignement secondaire“, opgedeelt no Klass, Sektoun an/oder Option?

- Kann den Här Minister eng Lëscht mat de Wierker vun de Lëtzebuerger Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller virleeën, déi am postprimären Unterrecht behandelt ginn, opgedeelt no Klass, Sektoun an/oder Option?

- Dem Koalitionsofkommes no soll déi lëtzebuergesch Sprooch a Kultur am Lycée méi eng grouss Roll spillen („Chaque élève des classes supérieures aura la possibilité de suivre des cours facultatifs en matière d'expression écrite du luxembourgeois et d'histoire culturelle du pays.“). De Programm gouf op bestëmmte Klasse mëttlerweil ugepasst oder entsprecheend Optionsfach agefouert. Gouf eng Auswärtung dovun duerchgefouert? Wa jo, no wéi enge Critèren a wat sinn d'Reckschlëss vum Här Minister?

**Réponse commune** (21.03.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*, et de **Mme Taina Bofferdin**, *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes* :

Eng vun de Prioritéiten vun der Regierung ass et, d'Gläichstellung tëschent de Geschlechter ze fërderen, géint Stereotypen a Rollebillen virzegoen, an eng sozial Gerechtegkeet ze ënnerstëtzen, an där jiddereen déi selwecht Chancen huet, seng Fäegkeeten auszedecken a seng Talenter an deene Beräicher anzesetzen, déi him Spaass maachen.

D'Regierung setzt sech dofir an, fir Jonker, hiert Léierpersonal an hir Elteren fir d'Theema vun der Gläichstellung ze interesséieren an ze sensibiliséieren. Dëst geschitt duerch Formationen, Workshops, Informationsmaterial an Evenementer, bei deenen déi Jonk aktiv mat abezu ginn. D'Léierpersonal gëtt encouragéiert, d'Gläichstellung mat deene Jonken ze thematiséieren, an op stereotyp Duerstellungen am Unterrecht ze verzichten.

Bei de Sensibiliséierungscampagnë behale mir och de Bléck op de Kultursektor. Esou stoung zum Beispill de Weltfraendag 2021 ënnert dem Motto „Geschicht(e) vu Gläichstellung“ ganz am Zeeche vun de Fraen an der Lëtzebuerger Literatur.

De Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer (MEGA) huet 2019 bei der Uni Lëtzebuerg eng Etude an Optrag ginn, an där Geschlechterstereotypen vu 57 Schoulbicher aus dem Enseignement fondamental ausgewäert goufen. Dobäi goufen och d'Liestexter aus zwee lëtzebuergeschen an aacht däitsche Literaturbicher analyséiert. An den Däitschbicher stame 67 % vun den Texter vu Schrëftsteller, 29 % vu Schrëftstellerinnen a 4 % aus onbekannter Quell. An de Lëtzebuergeschbicher fanne mer 84 % Schrëftsteller par rapport zu 13 % Schrëftstellerinnen an 3 % Texter aus net genannte Quellen. Dës Donnéeë bezéien sech op den Enseignement fondamental, eng vergläichbar Etude fir de Sproochenunterrecht am Enseignement secondaire ass mat der Ënnerstëtzung vum MEGA aktuell net virgesinn.

Déi iwwergeuerdent Ziilsetzung vum Enseignement secondaire, déi zu Lëtzebuerg vun der Bildungspolitik virgi ginn, ginn traditionell vu Programmkommissionen („Commissions nationales de l'enseignement secondaire“) op d'Léierpläng erofgebrach. Dës Kommissionen sinn zesummesat aus Enseignanten an Enseignanteën aus de Lycéeën an hunn eng héich Autonomie, wat d'Ëmsetzung vun de Bildungsvirgaben ugeet. D'Programmer sinn ëffentlech zougänglech iwwer de Site education.lu (ënner: Horaires et Programmes).

Dobäi gëtt an de Sproochefächer e grouss Wäert op d'Vermittlung vu Literatur geluecht, d'Programmkommissionen ginn awer - ausser am Ofschlossjoer - just Recommendationen vir, wéi eng Bicher kënnen gelies ginn. Et bleift am Ermiesse vum Enseignant oder der Enseignante, ob wéi e Buch konkret zeréckgegraff gëtt; dobäi gëtt selbstverständlech de Kontext berécksichtegt, an deem geschafft gëtt, also z. B. wat grad an der Welt geschitt, wat bei d'Theeme passt, déi an anere Fächer grad behandelt ginn, wéi de sproochlechen Niveau vun der Klass. Et ass dowéinst net méiglech, e Verhältnis tëscht literareschen Texter vu Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller ze ermëttelen, well de konkrete Léierplang vun Enseignant zu Enseignant an aneren ass.

An den Ofschlossjore läit d'Verhältnis tëscht Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller ongeféier bei 80/20.

Kloer ass awer: D'Schüler an d'Schülerinne solle mat qualitativ héichwäerteger Literatur konfrontéiert ginn. Literatur ass Konscht a sollt och als Konscht behandelt ginn. Dobäi ass d'Qualitéit vum Text grondsätzlech net op d'Geschlecht vum sengem Auteur zeréckzeféieren, mee op seng Wierkung resp. d'Wierksamkeet vum Erlefnes vun der Lektür.

Den Undeel vun Texter a Wierker vu Lëtzebuerger Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller läit am Fach Lëtzebuergesch bei 100 Prozent. An den anere Sproochefächer ass dësen Undeel awer schwéier ermëttelbar, well ganz ënnerschiddlech Texter gelies ginn.

De Programm fir d'Fach Lëtzebuergesch gouf fir d'Schouljoer 2021/2022 net just ugepasst, mee ganz nei konzipéiert. Literatur op Lëtzebuergesch gëtt op 4<sup>e</sup> enseignéiert, net als eegent Fach, mee als Deel vum Fach Lëtzebuergesch. De Programm ass an Theemeberäicher ënnerdeelt. Literatur op Lëtzebuergesch gëtt am Kader vum Theemeberäich „D'Kultur an d'Liewen zu Lëtzebuerg“ enseignéiert. De Programm schreift keng eenzel literaresch Texter als Lecture vir, de SCRIPT stellt awer e Reader zur Verfügung, bei deem senger Konzeption d'Geschlechterverhältnis nieft der thematescher Relevanz par rapport zum Programm an dem literareschen Ussproch e Critère war. Dat selwecht gëllt fir d'Proposé fir d'Lecture vu sougenannte Ganzschreften (Romaner), déi fakultativ am Unterrecht op der 4<sup>e</sup> kënnen gelies ginn. Dobäi goufen op 4<sup>e</sup>

classique an op 4<sup>e</sup> générale jeeweils zwou Ganzschreften vun Auteurinnen an zwou Ganzschreften vun Auteure proposéiert. D'Léierpersonal wielt awer och an dësem Fach jee no de Besoinen an den Interessien vun der Klass passend Lecturen aus.

De SCRIPT wäert doriwwer eraus am nächste Schouljoer eng Editioun vu literaresche Wierker op Lëtzebuergesch lancéieren, déi fir den Unterrecht an de Schoule ka genotzt ginn. An engem éischte Volet wäerten zwee Wierker vun Auteurinnen an ee Wierk vun engem Auteur publizéiert ginn.

**Question 5756** (11.02.2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR) concernant l'**absentéisme dû au CovidCheck dans la fonction publique** :

Vum 15. Januar bis den 11. Februar war zu Lëtzebuerg no de Modalitéiten vum 3G de CovidCheck op der Aarbechtsplaz virgeschriwwen. Salariéen a Beamten, déi dës Prozedur verweigert hunn, kruten iwwer den entsprecheenden Zäitraum keng Pai ausbezuel.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1. Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill privat Salariéen op där enger Säit, souwéi Beamten an ëffentlech Employéen a Salariéë vum Staat an de Gemengen op där anerer Säit, vun där uewe beschriwwener Prozedur Gebrauch gemaach hunn?

2. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Aarbechtsstonnen doduerch an der Privatwirtschaft, souwéi dem Staat an de Gemengen, ausgefall sinn a wéi de cumuléierte Montant vun de Verdéngschtaufäll fir déi dräi genannte Secteuren sech jeeweils presentéiert?

3. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi sech d'Zuel vun de Krankeschäiner an de Joren 2010-2022, während der Zäit vum 15. Januar bis den 11. Februar an der Privatwirtschaft, beim Staat an de Gemenge presentéiert huet? Kann d'Regierung preziséieren, wéi vill Aarbechtsstonnen dëst pro Joer pro Sektour entsprach huet? Kann d'Regierung déi duerchschnëttlech Dauer vun de Krankeschäiner pro Joer a Sektour preziséieren?

**Réponse commune** (30.03.2022) de **Mme Taina Bofferdin**, *Ministre de l'Intérieur*, de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale*, et de **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique* :

D'Regierung huet keng Donnéeën iwwer Salariéen aus dem Privatsektor an Agenten aus dem ëffentlechen Déngscht, déi sech geweigert hunn, fir d'Reegele vum 3G-Regime op der Aarbechtsplaz ze respektéieren.

Déi folgend Donnéeë bezéie sech op d'Krankmeldungen vu Salariéen aus dem Privatsektor an Independanten. D'Regierung huet keng zentraliséiert Informatioun iwwer d'Feele vu Staatsbeamten, Employéen an Aarbechter aus dem ëffentlechen Déngscht, Gemeindebeamten an Employéen, souwéi Agenten vun der Eisebunn (SNCF).

D'Krankmeldungen, déi tëscht dem 15. Januar an dem 11. Februar 2022 ugefaangen hunn, representéiere fir dësen Intervall e Volume vun 3,1 Milliounen Stonnen, wat eng Erhéijung vu +103 % am Verglach zu där selwechter Period vum Joer virdrun ass. Ausser dem Sektour vun der „Industrie extractive“ sinn all d'Secteuren vun dëser Erhéijung betraff. De stäerkste Wuesstem vun den Absencë gouf am Horeca-Sektour festgestallt (+199 %) (Tabell N° 1).

Iwwert déi selwecht Period ass d'Zuel vun den Absencestonnen pro Persoun am Joer 2022 op 39 geklommen, eng Erhéijung vu +20 % par rapport zum Joer virdrun. Nieft dem Sektour vun der „Industrie extractive“ (-12 %), dem Horeca-Sektour (-1 %) an dem Sektour „Net bestëmmt“ (-15 %), sinn all d'Secteuren vun dëser Erhéijung betraff. Déi stäerksten Erhéijung gouf am Sektour vun den extraterritorialen Aktivitéiten (+81 %) an an deem vun den Haushaltsaktivitéiten als Patron (+76 %) (Tabell 2) observéiert.

D'Variationen, déi tëscht 2021 an 2022 observéiert ginn (iwwert d'Period vum 15. Januar bis den 11. Februar) sinn haaptsächlech duerch den héijen Ustiechungsgrad vun der Omicron-Variant ze erklären, a kënnen selbstverständlech net mat engem méiglechen Effekt vun der Aféierung vum 3G-Regime assimiléiert ginn, deen theoretesch enger verstärkter Unzuel u Krankmeldungen vun ongeimpfte Persounen (oder Persounen mat engem onkompletten Impfschema) géif gläichkommen, déi sech net ouni en negativen Test op der Aarbecht presentéiere konnten.

Fir esou en Effekt ervirzehiewen, wier et also néideg, d'Evolution vun den Absencë vun ongeimpfte Persounen (Zilgrupp) mat den Absencë vu geimpfte Persounen (Kontrollgrupp) ze vergläichen. Wann dësen Effekt bewise wier, da sollt et, bei soss selwechte Viraussetzungen, zu enger Erhéijung vum Ecart tëscht den Absencë bei ongeimpfte Persounen an den Absencë bei geimpfte Persounen ab der Woch vum 10. Januar (Figur 1) kommen.

Figur N° 1 - Theoretischen Effekt vun der Aféierung vum 3G-Regime op den Ecart tëscht dem Undeel vun den Absencë bei de geimpften an ongeimpfte Persounen

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Déi observéiert Donnéeë weisen effektiv, ab der Woch vum 10. Januar, eng Erhéijung vum Ecart tëscht den Absencë bei den ongeimpfte Persounen an den Absencë bei de geimpfte Persounen (Figur 2).

Figur N° 2 - Undeel vun Absencë weinst Krankheet ënnert de geimpften an ongeimpfte Persounen, no der Woch vum Ufank vun der Absence

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

D'Tatsaach, datt den Ecart tëscht den Absencë vun ongeimpfte Persounen den Absencë vu geimpfte Persounen scho virun der Woch vum 10. Januar eropgeet, kéint bedeuten, datt et op d'mannst deelweis un engem Impakt vun der Omicron-Well läit (déi Enn Dezember 2021 ugefaangen huet an hire Pic am Ufank vun der Woch vum 24. Januar hat) an déi proportional méi staark fir de Grupp vun den ongeimpfte Persounen ass, wéi fir de Grupp vun de geimpfte Persounen.

En direkten Impakt vum 3G-Regime op d'Krankmeldungen kann ee weinst dem gläichzäitegen Afloss vun der Omicron-Variant definitiv ausschléissen.

Tabell N° 1 - Unzuel vun den Absencestonnen fir Krankheitsfäll tëscht dem 15. Januar an dem 11. Februar vum betrouffene Joer - Salariéen aus dem Privatsektor an Independanten

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Tabell N° 1 (Fortsetzung) - Unzuel vun den Absencestonnen fir Krankheitsfäll tëscht dem 15. Januar an dem 11. Februar vum betrouffene Joer - Salariéen aus dem Privatsektor an Independanten

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Tabell N° 2 - Unzuel vun den Absencestonnen fir Krankheitsfäll pro Persoun tëscht dem 15. Januar an dem 11. Februar vum betrouffene Joer - Salariéen aus dem Privatsektor an Independanten

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

**Question 5768** (15.02.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant les **conditions de travail chez Qatar Airways** :

An der internationaler Fachpress war rezent ze liesen, datt d'Pilote vu Qatar Airways sech doriwwer beschwéiert hunn, datt d'Fluchgesellschaft souwuel hir Déngschtzäiten illegal eroferechent wéi och hir Mindestrouzäiten net anhält. Sou ginn z. B. hir inaktiv Zäiten u Bord vum Fliger, entgéint den EASA-Regulationen an aneren internationale Reegelen, vun den Déngschtzäiten erofgerechent. Als Konsequenz falen hir Rouzäiten, déi sech a Funktioun vun den Déngschtzäiten berechnen, dann och méi kuerz aus ewéi dat gesetzlech virgesinn ass.

D'Pilote schwätze vu katastrophalen Zoustänn, wat d'Middegkeet bei den Equipagen ugeet, an datt et gängeg ass, datt d'Pilote während dem Fluch, an an Enzelfäll esouguer während dem Landeufloch, ageschlof sinn. Laut der Noriichtenagence Reuters krut ee Pilot, op engem Fluch vun iwwer annerhallwer Stonn, just 3 Minutten als Déngschtzäit ugerechent. Weider heescht et, datt een Iwwerschreide vun de maximalen Déngschtzäiten pro Mount dacks ëm 15 % oder méi üblech ass.

All Kritik vu Mataarbechter vis-à-vis vun der Airline gëtt mat direkter Entloossung quittéiert. Dës extreem repressiv Attitüd géint iwwer de Crewe féiert dozou, datt kee sech traute, d'Mëssstänn bannent der Airline unzeschwätzen an duerch offiziell Raporten, wéi dat an där Branche üblech ass, ze kritiséieren. D'Qatar Civil Aviation Authority (QCAA) hält sech bedeckt a gëtt kee Kommentar zu de Reprochen.

An dësem Kontext stellen ech folgend Froen un den Här Transportminister:

- Wéi vill Fluch huet Qatar Airways pro Woch op Lëtzebuerg?

- Wäer et bei esou gravéierende Sécherheitsmängel aus nationale Sécherheitsgrënn an och zum Schutz





vun den Awunner an der Zone d'approche vum Findel net absolutt noutwendeg, Qatar Airways hir lwwerfluchs- a Landerechter mat direkter Wierkung ze entzëien?

- Sinn hei finanziell Strofe virgesi weinst illegalem Wettbewerbsvirdeel géintiwwer der Konkurrenz (z. B. der Cargolux), dee Qatar Airways doduercher hat, andeems se hir Crewe méi laang wéi erlaabt fléie gelooss huet?

**Réponse** (21.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

D'Fluchgesellschaft Qatar Airways huet 2021 um Fluchhafen Lëtzebuerg-Findel am Ganzen 1.559 Rotatiounen mat Cargofluch duerchgefouert. Am Moment flitt d'Gesellschaft 23 bis 24 Rotatiounen pro Woch.

D'Gesellschaft Qatar Airways huet e „Certificat de transporteur aérien“ vun der Autoritéit vun der ziviller Loftfaart vum Katar an ass domat net gebonnen un d'Dispositiounen vum Règlement (EU) 965/2012 „déterminant les exigences techniques et les procédures administratives applicables aux opérations aériennes fixant les limitations des temps de vol et de service et les exigences en matière de repos (« FTL - flight time limitations »)“ déi den „transporteurs aériens“ aus der europäescher Unioon operluecht sinn. D'FTL fir d'Fluchgesellschaften aus Drëttstaaten baséieren op Normen a Praktiken déi vun der Annexe 6, Volume 1, vun der Internationaler ziviller Loftfaartorganisatioun (ICAO) recommandéiert sinn.

D'Direction de l'Aviation civile (DAC), déi zoustänneg Supervisjonsautoritéit zu Lëtzebuerg, mécht reegelméisseg sougenannte SAFA-Inspektiounen („Safety Assessment of Foreign Aircraft“) vun de Flieger déi an Drëttstaaten ugemellt sinn. D'Gestioun vum SAFA-Programm gëtt duerch d'EASA (Agence de l'Union européenne pour la sécurité aérienne) duerchgefouert, déi d'Inspektiounen tëscht de Supervisjonsautoritéit vun de Memberstaaten vun der EU koordinéiert.

Aus dësen, vun der DAC duerchgefouerten Inspektiounen, léisst sech schléissen, datt d'Gesellschaft Qatar Airways net zu de Gesellschaften gehéiert, déi e Sëcherheetsproblem duerstellen, wat d'Ergreifung vum immedieëlle Mesuren oder Restriktiounen vum Fluchrechter géif noutwenneg maachen. D'Gesellschaft befënnst sech och net op der sougenannter „Schwaarz Lëscht“, der europäescher Lëscht vun den „Transporteurs aériens“ déi engem generellen Exploitationsverbot oder Exploitationsrestriktiounen an der EU ënnerleien.

Den 18. Oktober 2021 ass en „Accord de ciel ouvert“ tëscht dem Katar an der europäescher Unioon ënnerschriwwen ginn, fir sou gutt wéi méiglech déi fräi Konkurrenz tëscht den „transporteurs aériens“ ze garantéieren an doduerch e „level playing field“ ze assureieren, wat sozial a konkurrenzuel Obligatiounen ugeet. Dësen Accord muss nach duerch d'Memberstaate ratifizéiert ginn.

**Question 5769** (15.02.2022) de **M. Laurent Mosar** (CSV) concernant l'agence eSanté :

En me référant à ma question parlementaire du 10 décembre 2021 et à la réponse du Ministre de la Sécurité sociale, je désirais poser quelques questions supplémentaires à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Combien de contrats ont été conclus par l'Agence eSanté avec des prestataires tiers, avec ou sans mise en concurrence préalable ?

2) Qui sont les prestataires de l'agence qui lui sont liés par contrat ?

3) Quelle rémunération a perçu chacun des prestataires de l'agence au titre de leur(s) contrat(s) respectif(s) ?

4) À quelles dates ont été attribués chacun des contrats en cause ?

5) Quel est l'objet de chacun des contrats en cause ?

6) Quelles modifications éventuelles chacun de ces contrats a-t-il subies en cours d'exécution ?

7) Quelle est la durée de chacun des contrats en question ? Quand arrivent-ils à échéance ? Combien sont échus depuis le début de l'existence de l'Agence eSanté ?

8) Si tout ou partie des contrats ont été conclus sans mise en concurrence, considérant que l'Agence eSanté est par principe soumise à la loi sur les marchés publics, quel(s) fondement(s) juridique(s) autorisai(en)t l'agence à s'affranchir de la mise en concurrence et de la publicité préalable (pour chacun des contrats concernés) ?

9) Subsidiairement, pourquoi aucun avis d'attribution (qui doivent être publiés à l'issue de la procédure, après l'attribution) n'est publié ?

**Réponse commune** (20.04.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1) En ce qui concerne la plateforme nationale eSanté à proprement parler, une dizaine de contrats dénommés « contrats plateforme » ont été passés depuis juillet 2013 et la mise en production de la plateforme nationale, ceci afin de couvrir les besoins initiaux en lien avec la mise en production de ladite plateforme.

Pour la mise en place du Consortium entre l'Agence eSanté (AeS), la société « SQLI » (devenu par la suite « IDO-IN », elle-même reprise ensuite par la société « Maincare Solutions ») et la société « EBRC » (filiale du groupe POST), un marché public initial avec publication d'avis au niveau européen a été réalisé pour disposer de la partie infrastructure et de la partie applicative nécessaire au socle de développement des futurs services de l'AeS avec la maintenance y afférente.

Les responsabilités, respectivement les coresponsabilités, entre acteurs formant ce consortium et découlant de relations contractuelles ont été définies au sein d'un Plan qualité service (PQS) et d'une matrice « RACI » (Responsible, Accountable, Consulted, Informed).

Dans le détail, ces contrats trouvent leur objet dans :

- la mise en place de système d'authentification par « OTP » (authentification forte) ;

- la cession de droit d'usage et mise en œuvre de progiciel pour la gestion de l'annuaire référentiel des professionnels de santé [HPD (Healthcare Provider Directory)] ;

- la maintenance et le suivi de ce même progiciel ;

- d'un serveur de rapprochement d'identité « Master Patient Index » (MPI) pour la gestion de l'annuaire référentiel des patients ;

- la maintenance et le suivi de ce même serveur ;

- des prestations de publipostage, c'est-à-dire d'impression et d'envoi sécurisé par courrier notamment lors de la phase de généralisation du dossier de soins partagé (DSP) ;

- du support de mise en conformité avec des profils de type IHE ou HL7 ;

- de la mise en place de système de messagerie sécurisée en mode « Corporate Provider » et « tests provider » avec licence et développements afférents ;

À côté de cela, l'AeS contractualise avec un ensemble de prestataires et fournisseurs, tel que repris ci-après.

ad 2) Les prestataires suivants sont liés par un contrat à l'agence (par ordre alphabétique) :

- Arendt Business Advisory SA : proposition de service, Assistance à maîtrise d'ouvrage pour deux procédures de consultation (Data Lake et CVE), signé le 29/10/2020 et clôturé à date.

- Aubay : proposition d'accompagnement audit fournisseurs AeS, audit des fournisseurs ISO 27001, ISO 27002, RGPD, signé respectivement le 22/03/2018 et clôturé à date.

- Axway : outil de sécurisation et gestion des interfaces d'accès externes aux services plateforme AeS, contrat signé le 21/12/2020 et en cours jusqu'au 31/12/2025.

- BMS Engineering : contrat de sous-traitance de prestation de service, développement et maintenance, applications mobiles « DispoDoc », signé le 13/02/2018 avec reconduction tacite d'année en année à date anniversaire.

- Covalia : prestations de services sur devis, devis relatif au déploiement salle visioconférence (Formation-Serveur), signé le 05/11/2014 et clôturé à date.

- Coffedrinks Vending : contrat de location de fontaine à eau et de machine à café, 36 mois initialement à p. du 14/08/2020.

- CMD/CTTL (Groupe Wagner Lu) : proposition commerciale plateforme téléconsultation et guichet virtuel Helpdesk AeS, mise à disposition d'une plateforme de téléconsultation + un listing de fonctionnalités, signé le 06/10/2020, toujours en cours à date.

- CTIE : contrat de fourniture de services, infrastructure informatique réseau interne agence, signé le 01/07/2018 et toujours en cours d'application.

- Deloitte : contrat de prestataire de services, offres d'assistance conformité GDPR, signé le 18/10/2017 et clôturé à date ainsi que, convention de services pour une expertise externe/tests d'intrusion signée en date du 18/03/2014 et clôturée à date.

- Doshas Consulting : proposition de services - consultation, audit cellule Identito-vigilance signé le 13/04/2019 et clôturé à date.

- Easyconsult Solution : contrat de prestations de services - consultation, apport d'expertise conseil,

assistance et représentations agence auprès des PS biologie, signé le 27/03/2018 et clôturé à date.

- EBR-C : contrat IAAS (hors plateforme) signé le 17/12/2015, tacite reconduction d'année en année à date anniversaire.

- Green Clean : prestation de nettoyage et maintenance, signé le 01/06/2020, sur tacite reconduction annuelle.

- IBM : contrat de mise à disposition de l'outil WATSON for oncology, Outil WATSON for oncology - aide à la décision / diagnostic RCP national, signé le 02/03/2018 et clôturé à date.

- IHE-Gazelle : contrat de maintenance et de support de services, outil de gestion des tests de validation et labellisation des éditeurs, signé le 01/09/2016 renouvelé tous les ans.

- In-System : plusieurs contrats :

• contrat de consultation, expertise Identito-Vigilance, signé le 30/01/2015 et clôturé à date ;

• contrat de consultation, expertise externe PIA, signé le 17/10/2014 et clôturé à date ;

• contrat de consultation, assistance à maîtrise d'ouvrage interopérabilité et information partagée, signé le 25/11/2013 et clôturé à date ;

• contrat de consultation, assistance à maîtrise d'ouvrage laboratoire de test et de mise en conformité des SIS (eQualis) janvier à juin 2021, signé le 01/01/2021 et clôturé à date.

- Intech : contrat de prestation de service - assistance technique, mise à disposition d'une personne externe pour le poste de référent ePrescription, signé le 29/09/2021, 60 jours/ho donc clôturé à date et contrat de prestation de service, sécurisation des applications mobiles rattachées à la plateforme, signé le 23/09/2020 et clôturé à date.

- Mendix : contrat de fourniture de services, outil pour développer des outils en ligne, des applications mobiles, initialement utilisé pour le service ePrescription, signé le 17/09/2020 et toujours en cours.

- Newac : proposition commerciale, logiciel de gestion de stock vaccinal, signé le 17/12/2020 pour une durée de trois ans à la date de signature.

- NSI Luxembourg : contrat de recrutement, recrutement d'un ingénieur développeur Full Stack signé le 05/10/2021, terme à l'issue de la mission d'assistance à recrutement donc clôturé à date.

- Orchestra / repris par la société Tibco à partir du 03/12/2018 (TIBCO Software Limited) : contrat de licence, logiciel de master data management et maintenance signé le 27/10/2015 et résilié en date du 29/09/2021.

- Ostendi : proposition de mise en œuvre outil informatique, outil de gestion de la base documentaire AeS + licences - Osidoc, signé le 13/01/2021 et toujours en cours.

- Post : plusieurs contrats :

• Cisco Webex Board, support et contrat de maintenance, signé le 17/02/2020, durée de 36 mois reconductible ;

• contrat de fourniture de services, outil de gestion Direct Internet Access (DIA) pour écran Webex, signé le 20/03/2020, renouvellement tacite par année civile ;

• contrat plateforme et réseau HealthNet initial, sécurisation du réseau HealthNet, signé en 2006 et nouvel appel d'offres lancé fin d'année 2021 toujours en cours.

- PWC : plusieurs contrats :

• contrat de prestataire de conseil, support sur les conventions de partenariats (assistance légale), signé le 07/05/2015 et clôturé à date ;

• proposition de services - consultation, apport d'expertise conseil, assistance dans le cadre du SDSI V3, signé le 07/08/2019 et clôturé à date ;

• proposition de services - consultation, participation à la conduite des réflexions pour l'édition du premier plan stratégique national sur la eSanté, signé le 14/10/2019 et clôturé à date ;

• proposition de service « accompagnement document API », assistance à rédaction documentation API (AeS/CNS => projet digitalisation), signé le 10/11/2020 et clôturé à date ;

• contrat sécurité, services en sécurité informatique signé le 13/06/2014 et clôturé à date ;

• proposition commerciale - tests d'intrusion sur le système d'information de l'agence, signé le 02/12/2019 et clôturé à date ;

• offre de services - tests d'intrusion sur la plateforme de téléconsultation AeS, signé le 30/06/2020 et clôturé à date.

- Regify : contrat de sous-traitance plateforme, contrat « Corporate Provider et tests provider », signé le 01/2017 en cours avec renouvellement annuel.

- ROCC : offre de services coaching cadre AeS, signé le 21/01/2021 et clôturé à date.

- SYADEM SAS : proposition commerciale CVE, mise en place d'un carnet de vaccination électronique et suivi maintenance, signé le 17/02/2021 et toujours en cours.

- TNS-Ilres : proposition de travail pour l'Agence eSanté - enquête de satisfaction, étude ciblée autour du DSP « résidents, PS, non-utilisateurs DSP », signé le 26/01/2021 et clôturé au 17.03.2021.

- Victor Buck : contrat de sous-traitance/prestation de services, envoi sécurisé par courrier/impression déploiement DSP, signé le 30/10/2019 début déploiement et traitement des courriers le 16/01/2020 en cours jusqu'à la fin du déploiement.

- 4IAS : prestation de services sur contrat, service elmagerie, signé le 15/04/2019 toujours en cours à date avec tacite reconduction.

ad 3) L'AeS, qui est un GIE, est soumise à des clauses contractuelles de confidentialité, soient directement reprises au niveau des contrats, soit par un accord de non-divulgaration, qui empêche l'AeS de divulguer publiquement les détails des contrats.

En outre, la divulgation des détails contractuels exposerait l'AeS à des sanctions financières par les parties contractantes et risquerait de mettre en péril ses relations avec ses prestataires et fournisseurs actuels et futurs, notamment en ce qui concerne l'exécution des contrats et dans le cadre des procédures d'appel d'offre en cours et futures, alors que ces informations pourraient en quelque sorte fausser la concurrence entre les différents soumissionnaires lors de ces appels d'offre.

Partant, les détails demandés ne peuvent être repris dans la présente réponse à la question parlementaire de l'honorable Député.

Toutefois, pour le cas où la Chambre des Députés en ferait la demande, les ministres sont disposés à soumettre les informations qui ne peuvent être divulguées publiquement aux commissions parlementaires concernées par la matière en ayant recours à une séance à huis clos, tel que cela a déjà été le cas dans d'autres dossiers.

ad 4) Le détail concernant les dates auxquelles ont été attribués les divers contrats a été mentionné dans la réponse à la question 2 reprise ci-dessus.

ad 5) Le détail concernant l'objet de chaque contrat attribué a été mentionné dans la réponse à la question 2 reprise ci-dessus.

ad 6) De façon générale, les avenants aux contrats de prestataires et fournisseurs de l'AeS ont pour objet :

- de proroger la durée initiale lorsqu'une telle prolongation s'avère inévitable ;

- de compléter ou de mettre à jour certaines fonctionnalités de la solution applicative ;

- de mettre en conformité les dispositions du contrat en fonction de potentielles évolutions du cadre légal ou réglementaire applicable à l'AeS.

ad 7) Le détail des éléments de réponses concernant la durée, la date d'échéance, ou encore l'expiration des contrats a été renseigné dans la réponse à la question 2 ci-dessus.

ad 8) L'AeS, au titre de la passation des marchés et autres contrats relatifs aux besoins repris dans le cadre de ses missions légales conformément aux dispositions de l'article 60ter du Code de la sécurité sociale et de la loi du 8 avril 2018 sur les marchés publics luxembourgeois, ainsi que de ces règlements grand-ducaux afférents, applique strictement la procédure requise au regard des critères légaux relatifs aux marchés ou contrats envisagés dont, de façon centrale, les seuils applicables.

Ainsi, l'AeS a eu recours en majorité au regard de l'application des dispositions reprises ci-dessus, à la procédure restreinte/négociée sans publication d'avis.

Force est de noter cependant deux exceptions à cela, au regard des seuils applicables pour les deux marchés repris ci-après, à savoir :

- mise en place et assistance à l'exploitation et à la maintenance en conditions opérationnelles de la plateforme « HealthNet » conformément à la procédure du dialogue compétitif (Avis PMP n° 2101945 du 6 octobre 2021) et

- fourniture de scanners de codes de vaccins pour le déploiement du Carnet de vaccination électronique (CVE) conformément à la procédure européenne ouverte (Avis PMP n° 2101965 du 8 novembre 2021).

ad 9) En ce qui concerne la mise en place et assistance à l'exploitation et à la maintenance en conditions opérationnelles de la plateforme « HealthNet » conformément à la procédure du dialogue compétitif (avis PMP n° 2101945), ce marché public est actuellement dans la phase de dialogue compétitif avec les potentiels soumissionnaires.

En ce qui concerne la fourniture de scanners pour la lecture digitalisée des codes de vaccins dans le cadre du déploiement du Carnet de vaccination





électronique (CVE) conformément à la procédure européenne ouverte (avis PMP n° 2101965), le marché y afférent est clos et la notification a été réalisée par l'intermédiaire du portail des marchés publics conformément à la procédure.

**Question 5771** (16.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant le **rapport de l'Action solidarité tiers monde (ASTM)** :

D'Action solidarité tiers monde (ASTM) huet am Januar ee Rapport zu dem Respekt vu Mënscherechter op der Lëtzebuerger Finanzplaz publizéiert. An dësem Rapport ass d'ASTM drop agaangen, dass d'Finanzplaz éischt Fortschritter beim Thema Ëmweltschutz mécht, mee d'Mënscherechter an deene seelenste Fäll eng Roll spillen, souwuel bei de privaten Acteuren souwéi och bei de staatlechen Institutionen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Aussen- an Europaminister an dem Wirtschaftsministe dës Froe stellen:

1. Am Rapport geet d'ASTM op Aperam SA an, eng Ofspaltung vun Arcelor Mittal mat Haaptsätz zu Lëtzebuerg, un där de Staat 450.000 Aktien hält. Am November 2019 huet de Procureur général a Brasilien eng Procédure civile géint Aperam lancéiert, dëst well Gebitter a Brasilien duerch de Pestizid Aldrin verseucht goufen. Aperam gouf am Februar 2021 zu 235.000 € Schuedenersatz verurteilt a muss déi betrafte Communautéiten iwwert d'Schied vum Aldrin opzeklären. D'Aperam ass dem Urteel laut ASTM bis haut net nokomm.

Huet de Lëtzebuerger Staat an deem Kader scho bei der Direktioun vun Aperam intervenéiert? Falls nee, wäert de Lëtzebuerger Staat hei als Aktionär bei Aperam intervenéieren, dass dem Urteel a Brasilien nokomm gëtt? Wann nee, firwat net?

2. Am Rapport gëtt d'ASTM och eng Rei Recommendationen, esou zum Beispill:

- Increase efforts to raise awareness about the UNGP in the financial sector and help financial actors to align their practices with the UNGP.

- In the context of the National Action Plan 2020-2022 on Business and Human Rights, which foresees the implementation of pilot projects on human rights due diligence in companies with majority state ownership, the government should support the Luxembourg Pension Fund on setting an example and incorporating human rights due diligence into its investment policy.

Wéi reagéiert d'Regierung op dës Recommendationen? Wäerte konkret Schrëtt

gehol ginn, fir de Fuerderunge vun der ASTM nozekommen?

**Réponse commune** (21.03.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*, et de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie* :

ad 1. D'Participation vum Lëtzebuerger Staat an der Firma Aperam, déi zu Lëtzebuerg gegrënnt ginn ass, läit bei 0,563 %, esou datt de Lëtzebuerger Staat keng Aflosskapazitéit op däre Geschäftsaktivitéiten besëtzt.

D'Action judiciaire, déi vum honorabelen Deputéierten erwänt gëtt, concernéiert net Aperam, mee eng brasilianesch Firma vum Grupp, Aperam Bio Energia, wéinst Fakten aus de Joren 1974-1978. Zu dëser Zäit huet Aperam nach net existéiert, d'Lëtzebuerger Firma gouf 2011 gegrënnt. D'brasilianesch Justiz huet gehandelt an all juristesche Decisioun déi a Kraaft ass, muss natierlech respektéiert ginn.

ad 2. De Lëtzebuerger Kompensationsfond („Fonds de compensation“) huet sech scho viru Joren eng Exklusivitéit ginn fir Betriber aus dem Investissementsspektrum eraus ze huelen, déi erwise géint international Konventionen verstoussen, déi Lëtzebuerg ratifizéiert huet. Den Objektiv vun dëser Exklusivitéit ass fir se versécheren, datt dem Kompensationsfond seng Investissementer internationalen Normen entsprechen, wéi se an den zéng Prinzipien vum „United Nations Global Compact“ festgehalen goufen. Dës Prinzipien couvréieren d'Beräicher vun de Mënscherechter, vun der Ëmwelt, vun den internationalen Aarbechtsnormen, vum Kampf géint Korruptioun an der Eliminatioun vu kontroversen Waffen. Iwwer d'Joren ass de Mechanismus vun der Exklusivitéit verbessert ginn, och op Basis vun der Expertise déi ëmmer méi detailléiert ass an déi mëttlerweile besser Analysemechanismen ubidd, déi vun international unerkannt Firmen an place gesat goufen. D'Exklusivitéit vum Kompensationsfond gi reegelméisseg uegpasst, sou datt aktuell 121 Firmen aus den Investissementer vum Fond ausgeschloss sinn. Hei sief op d'Äntwerten op déi parlamentaresch Froen N° 5590 an N° 4676 higewisen.

De Kompensationsfond presentéiert op senger Internetsäit ee „Rapport d'investisseur responsable“, deem seng Donnéeën reegelméisseg a jour gesat

ginn, grad ewéi déi aktuell Exklusivitéit. Doriwwer eraus, huet de Kompensationsfond am Moment 11 ESG Zertifikater an 1 „Environment“ Zertifikat vun der Lëtzebuerger Agence LuxFLAG.

An deem Kontext kënnen mer och op déi proposéiert EU-Direktiv hiweisen, déi den 23. Februar 2022 vun der Europäescher Kommissioun virgestallt gouf, an déi viséiert eng obligatoresch Suergfaltspflicht op d'Been ze stellen. Lëtzebuerg war eent vun deene Länner wat sech säit Laangem fir esou eng europäesch Direktiv agesat huet.

**Question 5787** (21.02.2022) de **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*) concernant la **protection des données personnelles des élèves sur la plateforme « Microsoft Teams »** :

Ces dernières années et de façon encore plus prononcée depuis l'avènement de la pandémie de Covid-19, la digitalisation de l'enseignement ne cesse de progresser. Dans ce contexte et dans le système éducatif luxembourgeois, un rôle central revient à la plateforme « Microsoft Teams ». Or, récemment, des informations ont été portées à ma connaissance selon lesquelles tous les membres de la communauté scolaire dont notamment les élèves, les enseignant-e-s, mais aussi les parents ont la possibilité d'accéder via la plateforme aux informations personnelles de tous les utilisateurs enregistrés dans le système. Ils sont ainsi notamment en mesure de contacter directement, par courriel ou par appel vocal, tous les autres utilisateurs. Il est évident qu'une telle situation est préoccupante en ce qui concerne la protection des données personnelles. Ainsi, toujours selon les informations qui m'ont été adressées, plusieurs élèves ont déjà été victimes d'harcèlement moral via la plateforme.

Dans ce contexte, je me permets de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

1) Les informations sur le fonctionnement de la plateforme Teams telles qu'esquissées ci-haut sont-elles correctes ?

2) Ne serait-il pas judicieux de limiter plus strictement l'accès aux informations personnelles ainsi que les possibilités de contact direct à l'intérieur de la plateforme, ceci notamment afin de mieux mettre les élèves à l'abri de messages ou d'appels non sollicités de la part d'autres élèves ou d'adultes ?

3) Dans l'affirmative, quels sont les démarches ou réglages qui s'imposent afin de mieux garantir la protection des données personnelles des élèves et autres utilisateurs, et quel est le cadre temporel nécessaire pour leur mise en œuvre ?

4) Monsieur le Ministre est-il au courant d'incidents d'harcèlement ou d'autres comportements abusifs envers des élèves via la plateforme Teams ?

**Réponse** (30.03.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

ad 1) Microsoft 365 est une plateforme collaborative qui est utilisée par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE) à des fins exclusivement pédagogiques. La philosophie d'une plateforme de collaboration est de faciliter le partage de connaissances et de documents ainsi que l'échange simple et rapide entre enseignants et élèves.

À cet effet, il est indispensable que tous les utilisateurs d'une telle plateforme soient visibles dans un annuaire centralisé, ce qui implique aussi que tous les membres de la communauté scolaire peuvent communiquer facilement. Quant aux données des utilisateurs, elles sont limitées au strict minimum nécessaire à assurer une structuration de base de l'annuaire. Ceci a été particulièrement bénéfique en situation de crise sanitaire et a permis aux écoles de passer d'un jour à l'autre d'un enseignement en présentiel à un enseignement à distance.

En ce qui concerne la protection de données à caractère personnel, l'utilisation de Microsoft 365 est fondée sur la loi du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves où, conformément à la finalité « organisation et fonctionnement de l'école » (article 3, paragraphe 1<sup>er</sup>, point 3) et selon le principe de la proportionnalité, les données personnelles suivantes peuvent être traitées : nom, prénom, courriel, classe, lycée/administration et catégorie (Teacher, Student, Other).

Du point de vue de la sécurité, toute personne doit s'authentifier moyennant son compte d'utilisateur personnel (IAM) qui lui est attribué par le Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE) ; les actions « administratives » de l'utilisateur sont « loggées », c'est-à-dire enregistrées. Dans le cas d'un comportement non correct de l'utilisateur, des fonctions de monitoring spécifiques peuvent être activées pour cet utilisateur.

ad 2) + 3) Pour les raisons expliquées sub 1), l'annuaire centralisé est un maillon clé de la plateforme ; c'est l'annuaire qui assure le bon fonctionnement de la collaboration et de la communication. Il n'est donc pas souhaitable d'en limiter l'accès sous une forme ou une autre, voire de le cacher. Je précise encore qu'à l'heure actuelle, une limitation de l'accès est techniquement impossible à réaliser.

ad 4) Le CGIE est occasionnellement informé de comportements abusifs au sein de la plateforme. De telles notifications sont traitées immédiatement et avec le plus grand sérieux. Les personnes concernées (parents d'élèves, élèves, enseignants, directions, etc.) en sont informées dans les meilleurs délais. Dans des cas exceptionnels, une plainte a même été déposée auprès des autorités compétentes. Par ailleurs, le CGIE met tout en œuvre pour minimiser de tels comportements abusifs par les moyens techniques qui lui sont donnés.

**Question 5791** (22.02.2022) de **MM. André Bauler** et **Gusty Graas** (*DP*) concernant la **construction de grandes serres** :

Dans une interview publiée récemment dans un hebdomadaire spécialisé en matière de l'agriculture, un grand commerçant domestique de produits agricoles regrette que le Gouvernement luxembourgeois ne soit pas disposé à soutenir la construction de grandes serres destinées à augmenter davantage la production de légumes et de fruits sur notre territoire national.

Voilà pourquoi nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Monsieur le Ministre peut-il confirmer cette réticence de la part du Gouvernement ? Dans l'affirmative, quelles en sont les raisons ?

2) Comment Monsieur le Ministre veut-il déployer la production de fruits et de légumes au Luxembourg à l'avenir ? Quels sont les instruments et méthodes privilégiés par le ministère ?

3) Comment Monsieur le Ministre se positionne-t-il par rapport aux techniques du « vertical farming » telles qu'elles sont étudiées actuellement à l'étranger ?

**Réponse commune** (30.03.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*, de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*, et de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1) L'augmentation de la production de fruits et de légumes est un des objectifs poursuivis par le Plan stratégique national (PSN) du Luxembourg. Ainsi une des mesures prévues est l'augmentation de 20 % du taux d'aide pour les aides à l'investissement liées à ces cultures. La construction de serres, sans limitation de la taille, y est explicitement mentionnée comme investissement éligible.

Il va de soi que ces constructions doivent répondre aux normes légales comme celles fixées par la loi sur la protection de la nature. Seuls les projets qui disposent des autorisations nécessaires peuvent être subventionnés.

Les ministres en charge de l'économie, de l'environnement et de l'agriculture, de la viticulture et du développement rural ont mis en place un groupe de travail interministériel en avril 2021 pour promouvoir l'innovation et la circularité dans la bioéconomie et l'agroalimentaire.

L'une des missions du groupe de travail, qui comprend des représentants du Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, du Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire, du Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, du Ministère de l'Économie et de Luxinnovation, est d'identifier les obstacles, qu'ils soient financiers, législatifs ou autres, et d'élaborer des solutions possibles.

Ainsi, le groupe de travail est en train d'évaluer les possibilités d'implantation de serres destinées à la production de légumes et de fruits dans des zones existantes ou à créer.

Le groupe de travail est en outre chargé de capitaliser les opportunités dans l'agroalimentaire et la bioéconomie circulaire afin de faciliter l'implémentation de projets pilotes innovants en agriculture urbaine et en agriculture circulaire, en tant qu'autres solutions de cultivation possibles, en se basant sur des stratégies nationales existantes comme p. ex. la stratégie nationale pour une économie circulaire, la stratégie nationale « Zéro Déchets », la stratégie nationale urban farming, etc.

ad 2) Comme mentionné ci-dessus, une augmentation substantielle des aides à l'investissement est prévue dans le cadre du PSN. Une autre mesure clé prévue est l'introduction d'une aide couplée aux fruits et légumes. Il s'agit d'une aide à l'hectare, dont le montant initial est de 1.000 € par an.

ad 3) Le « vertical farming » est une technologie qui est encore dans une phase de développement et pour laquelle la compétitivité économique reste à être prouvée. Le « vertical farming » englobe une vision d'une agriculture très technologique, voire connectée, et offre une série d'avantages objectifs en termes de consommation des terrains disponibles, de maîtrise de la production, de diminution d'impacts environnementaux comme p. ex. les besoins limités en eau et en produits phytopharmaceutiques, de la possibilité d'implantation en milieu urbain et la production à l'abri des aléas du climat et des saisons et par voie de conséquence d'amélioration de l'autosuffisance alimentaire des villes et des espaces urbains. Si les fermes verticales peuvent apporter des rendements plus hauts par rapport à l'agriculture traditionnelle tout en consommant moins d'eau, il n'en reste pas moins qu'elles présentent également certains inconvénients et/ou restrictions. Les investissements sont en général importants, et de telles fermes sont très énergivores en comparaison à une culture en pleine terre puisqu'elles n'utilisent que très peu de lumière naturelle pour préférer l'éclairage artificiel de LEDs qui diffusent un spectre lumineux optimal et sur une plus large amplitude de temps. Il s'agit donc d'une technologie intéressante qui pourra, le cas échéant, au futur compléter la production classique.

De manière générale, l'urban farming, incluant toutes sortes de technologies de production primaire hors sol (comme le vertical farming, l'aquaponie, l'hydroponie, ...), est un secteur en plein essor, qui peut permettre de contribuer à la sécurité alimentaire et à une société plus résiliente. Touchant à la fois à l'économie circulaire et à la digitalisation, c'est un sujet d'importance qui s'aligne avec la feuille de route « Ons Wirtschaft vu muer » du Ministère de l'Économie.

L'urban farming ou agriculture urbaine s'impose aujourd'hui non seulement comme une alternative à nos modes de production, de consommation et même de construction traditionnels, mais surtout comme une solution innovante pour favoriser l'économie circulaire et ainsi réinventer nos villes. Dans cette logique, la stratégie nationale urban farming du Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable est une étude stratégique prospective qui à son tour présente une série de recommandations permettant de faciliter le développement, l'implémentation et la facilitation de l'urban farming, et alimente e. a. les travaux du groupe de travail mentionnée sous 1).

Comme la majorité des modèles business liés à l'urban farming se trouvent à la limite du domaine de l'agriculture et de l'économie traditionnelle, le groupe interministériel mentionné sous 1) a également pour objectif de faire le suivi de tels projets pilotes, de comprendre les limites des systèmes actuels et de réfléchir à des solutions pour faciliter l'implantation future de telles solutions.

**Question 5794** (22.02.2022) de **MM. Max Hahn** et **Gusty Graas** (*DP*) concernant la **pollution de la Moselle causée par la centrale nucléaire de Cattenom** :

Récemment, à la suite d'une alerte pollution dans la Moselle au niveau de l'écluse de Cattenom, un important dispositif des services d'urgence a dû être déployé. D'après un communiqué de presse de la centrale nucléaire de Cattenom, les résidus d'hydrocarbures auraient comme origine la station de rejet de la centrale.

Dans ce contexte nous aimerions poser les questions suivantes à Madame le Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

1) Madame le Ministre est-elle au courant de cet incident ?

2) Est-ce que les services de Madame le Ministre sont en contact avec les autorités françaises, notamment en ce qui concerne la sécurité nucléaire à la suite de cet incident ?

3) Madame le Ministre peut-elle fournir des détails y relatifs ?

4) Est-ce qu'une pollution de la Moselle du côté de la frontière luxembourgeoise a été détectée ?

5) Est-il possible d'estimer d'ores et déjà l'impact de la pollution en question sur la faune et flore aquatique ?

**Réponse** (21.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1) Oui, une pollution du cours d'eau « Moselle » par des hydrocarbures en date du 20 février 2022 est confirmée.

ad 2) L'Administration de la gestion de l'eau (AGE) a été informée de la pollution du cours d'eau « Moselle » par les autorités françaises via la plateforme des Commissions Internationales pour la Protection de la Moselle et de la Sarre (CIPMS). La source de la pollution et les mesures prises pour y





remédier ont également été communiquées via cette plateforme.

ad 3) Suite au signalement d'une pollution du cours d'eau « Moselle » par la Police grand-ducale, le grope d'intervention pollutions de l'AGE s'est rendu à Remich le matin du 20 février 2022 et a pu constater des irisations sur le cours d'eau liées à une pollution par des hydrocarbures. En cherchant la source de la pollution, l'agent sur place a constaté ensemble avec les agents de la Police grand-ducale et les autorités allemandes (Wasserschutzpolizei, Freiwillige Feuerwehr) que la pollution provenait du territoire français et que les autorités françaises étaient déjà informées. Ces dernières ont informé les autorités luxembourgeoises et allemandes par la suite (via la plateforme CIPMS), que la source de la pollution était recherchée.

En date du 21 février l'AGE a reçu l'information que l'origine des irisations constatées se situait en amont de l'écluse de Koenigsmacker, au niveau de la station de rejet des eaux d'exploitation non radioactives de la centrale nucléaire de Cattenom et qu'il s'agissait d'installations situées hors zone nucléaire.

Pour limiter les dégâts environnementaux, les autorités françaises ont mis en place un barrage flottant entre la station de rejet de la centrale et l'écluse de Koenigsmacker. En complément, des absorbants d'hydrocarbures ont été utilisés et des actions de pompage étaient en place.

Dans les jours qui ont suivi, aucune pollution de la Moselle n'a pu être constatée au Luxembourg.

ad 4) Voir réponses 1-3.

ad 5) Aucune conclusion ne peut être tirée en ce qui concerne les dommages environnementaux. Cependant, la quantité d'hydrocarbures déversée et indiquée par le pollueur et le débit élevé du cours d'eau au moment de la pollution laissent supposer que l'impact sur la faune et la flore sera faible.

**Question 5797** (23.02.2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) concernant la **pénurie de médecins du travail** :

Dans sa réponse à la question parlementaire n° 1605 du 13 décembre 2019 au sujet de la pénurie aiguë de médecins du travail au Luxembourg et de la faisabilité d'une formation afférente à l'Université du Luxembourg, Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche avait annoncé la mise en place d'un groupe de travail au cours de l'année 2020.

Or, d'après l'ALSAT (Association luxembourgeoise de santé au travail), il semblerait qu'un concept pour l'organisation d'une telle formation spécifique ait pu être établi entretemps. Toujours selon les mêmes sources, cette formation pourrait démarrer dès la rentrée universitaire de cette année.

- J'aimerais savoir si Monsieur le Ministre peut confirmer ces informations.

- Quel est le concept élaboré par le groupe de travail et est-ce que des synergies ont pu être trouvées avec des universités de la Grande Région ?

- Combien de candidats pourront être accueillis le cas échéant ?

- Est-ce que d'autres formations sont envisagées à court terme ?

**Réponse** (21.03.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche* :

À titre de remarque liminaire, il y a lieu de signaler qu'actuellement aucun concept de formation de spécialisation en médecine du travail auprès de l'Université du Luxembourg n'a été approuvé définitivement ni par les instances compétentes de l'université ni par le Gouvernement.

Des informations erronées dans ce sens, émises sur base de promesses individuelles de certains membres du corps enseignant et qui auraient pu induire en erreur l'ALSAT concernant le lancement d'une telle formation, ne peuvent donc pas être confirmées.

Par ailleurs, je voudrais rappeler que la mise en place d'une telle formation présuppose l'adoption d'un texte législatif à l'instar de celui arrêté pour les formations d'oncologie médicale, de neurologie et de médecine générale moyennant la loi du 31 juillet 2020 portant organisation d'études spécialisées en médecine à l'Université du Luxembourg.

Concernant la mise en place d'une telle formation auprès de l'université, je voudrais indiquer que j'ai chargé cette dernière moyennant courrier fin 2021 afin d'évaluer l'opportunité et la faisabilité de la mise en place d'une telle formation.

Par ailleurs, l'ALSAT a été informée moyennant courrier conjoint du 24 février 2022 de Madame la Ministre de la Santé et du soussigné de cette de-

mande d'étude, ainsi que du fait que le Gouvernement se positionnerait définitivement par rapport à la mise en place d'une telle formation auprès de l'Université du Luxembourg sur base du résultat de cette prise de position.

Finalement, je voudrais encore relever par rapport à la problématique des médecins en voie de spécialisation en médecine du travail issus d'universités belges que le Ministère de la Santé a eu confirmation par écrit des autorités fédérales belges que les maîtres de stage exerçant sur le territoire luxembourgeois peuvent continuer à faire valoir une procédure dérogatoire à la réglementation belge en vue de l'obtention de leur agrément, de sorte que la validité des stages effectués au Luxembourg n'est pas remise en question.

**Question 5798** (23.02.2022) de **M. Marc Spautz** (CSV) concernant la **demande d'agrément du groupe Orpea pour l'exploitation d'une structure d'accueil pour personnes âgées au Luxembourg** :

Se vantant comme un des principaux acteurs mondiaux de la prise en charge globale de la dépendance, avec un réseau de 1.156 établissements pour 116.514 lits (dont 26.359 lits en construction) dans 23 pays, répartis sur 5 zones géographiques :

- France Benelux : 586 établissements / 49.207 lits (dont 5.672 en construction) ;
- Europe Centrale : 268 établissements / 28.419 lits (dont 5.828 en construction) ;
- Europe de l'Est : 142 établissements / 15.255 lits (dont 4.101 en construction) ;
- Péninsule ibérique / Latam : 158 établissements / 23.108 lits (dont 10.373 en construction) ;
- autre pays : 2 établissements / 525 lits (dont 385 en construction) ;

et coté en bourse sur Euronext Paris,

le groupe Orpea a récemment fait la une en raison de révélations d'un journaliste français dénonçant des réalités scandaleuses dans les établissements Orpea en France. Il y est question de maltraitements sur des personnes âgées, de détournements de fonds publics et de discriminations syndicales, comme le résume l'OGBL dans son communiqué du 21 février 2022.

Il se trouve que le groupe Orpea a, en date du 18 janvier 2022, soumis une demande d'agrément au Ministère de la Famille. D'après Madame le Ministre, cette demande a été précédée d'un accord de principe sur les requis en matière d'infrastructure, notamment à la taille des chambres prévues.

Eu égard aux intentions du groupe d'ouvrir les portes de la nouvelle structure d'accueil pour personnes âgées à Merl en mars 2022, et à l'engagement pris par Madame le Ministre de tenir informé les députés sur l'instruction du dossier, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre de la Famille :

- Madame le Ministre peut-elle m'informer des derniers développements du dossier ?

- Quels sont précisément le(s) type(s) d'agrément demandé(s) par le groupe ?

- Combien de personnes le groupe Orpea entend-il héberger dans ladite structure d'accueil pour personnes âgées ? Quel est le tableau des effectifs à engager présenté par le groupe dans ce contexte ?

- Madame le Ministre peut-elle confirmer que (i) tant la personne physique respectivement les membres des organes dirigeants de la personne morale responsables de la gestion des activités de la structure d'accueil pour personnes âgées que (ii) le personnel dirigeant ou d'encadrement remplissent les conditions d'honorabilité prévues l'article 2 de la loi ASTF ?

- Madame le Ministre peut-elle m'informer sur base de quels documents probants ses services assoient cette honorabilité (en plus des antécédents judiciaires luxembourgeois) ?

- Madame le Ministre ne craint-elle pas que la cotation en bourse du groupe et le souci de rentabiliser au maximum ses investissements ne se fasse au détriment des personnes prises en charge par ledit groupe ?

**Réponse** (21.03.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration* :

Le 18 janvier 2022, le Ministère de la Famille et de l'Intégration a réceptionné une demande d'agrément émanant du gestionnaire « Orpea Luxembourg Exploitation SARL » pour l'exploitation d'un centre intégré pour personnes âgées (CIPA), dénommé « Résidence Recital », au 19, rue Johnny Flick à Luxembourg-Merl.

Le 15 mars 2022, le Ministère de la Famille et de l'Intégration a réceptionné un nouveau courrier du gestionnaire destiné à compléter la demande d'agrément initiale.

Le centre intégré pour personnes âgées, qui fait l'objet de cette demande d'agrément, disposera de 110 logements (97 logements à 1 lit et 13 logements à 2 lits) avec une capacité d'accueil de 123 lits.

Le tableau des effectifs introduit par le gestionnaire dans la demande d'agrément fait état de 15,8 postes équivalents temps plein (ETP), dont 13,8 ETP en personnel d'encadrement et 2 ETP en autre personnel.

Des extraits récents des casiers judiciaires des membres du conseil de gérance, du délégué à la gestion journalière ainsi que du chargé de direction font partie de la demande d'agrément introduite par le gestionnaire. L'honorabilité du chargé de direction ainsi que du personnel d'encadrement est contrôlée sur base d'extraits récents du casier judiciaire délivrés par les autorités judiciaires du pays de résidence du demandeur.

La demande d'agrément ainsi que l'ensemble des documents qui en font partie sont en train d'être analysés au regard des dispositions légales et réglementaires en vigueur, notamment le règlement grand-ducal du 8 décembre 1999 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services pour personnes âgées.

L'octroi ou le refus d'un agrément pour l'exploitation d'une structure d'hébergement pour personnes âgées sont régis par les dispositions légales et réglementaires en vigueur. La qualité des prestations offertes aux résidents des structures d'hébergement pour personnes âgées est contrôlée, d'un part, par le Ministère de la Famille et de l'Intégration lors des visites d'agrément et d'autre part, par l'Administration d'évaluation et de contrôle (AEC) de l'assurance dépendance pour ce qui est de la prise en charge des résidents au niveau des soins. En cas d'octroi d'un agrément pour l'exploitation d'un CIPA à Luxembourg, ce dernier fera évidemment aussi l'objet de ces contrôles.

**Question 5801** (23.02.2022) de **M. André Bauler** (DP) concernant le **réaménagement des anciens locaux du LTA** :

À la suite de l'ouverture des nouveaux bâtiments du Lycée technique agricole (LTA) à Gilsdorf, les anciens immeubles réservés à la communauté scolaire du LTA, sis avenue Salentiny à Ettelbruck, seront rénovés et mis à disposition du Lycée technique d'Ettelbruck (LtEtt). À cet effet, un coût prévisionnel de 145 millions d'euros est inscrit dans la loi budgétaire pour financer les travaux y relatifs.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Monsieur le Ministre pourrait-il informer, le cas échéant, sur l'avancement du projet de réaménagement des anciens locaux du LTA et sur l'extension du LtEtt à Ettelbruck ?

2) Parallèlement au réaménagement des anciens bâtiments du LTA, les laboratoires et bureaux de l'Administration des services techniques de l'agriculture (ASTA) seront-ils également modernisés dans ce contexte ?

3) Est-il possible de présenter les étapes successives de la réalisation de ces chantiers ? Leur mise en œuvre aurait-elle dû être reportée en raison des effets de la pandémie ?

**Réponse** (21.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1) Le projet du réaménagement et de l'extension de l'ancien Lycée technique agricole à Ettelbruck se trouve actuellement en phase d'avant-projet sommaire. Ladite planification concerne la rénovation des bâtiments existants ainsi que les nouvelles constructions d'une infrastructure de sport et d'un bâtiment scolaire supplémentaire.

ad 2) Les laboratoires et bureaux de l'Administration des services techniques de l'agriculture se situant derrière le bâtiment de l'ancien Lycée technique agricole font partie intégrante du projet de réaménagement et d'extension en planification. La transformation de ce bâtiment s'avère nécessaire afin de répondre aux exigences du Lycée technique d'Ettelbruck.

ad 3) La planification du projet du réaménagement et de l'extension de l'ancien Lycée technique agricole à Ettelbruck n'a pas subi de retards importants, suite aux événements liés à la pandémie. Le dépôt du projet de loi y relatif est prévu pour fin 2023, début 2024. Le déroulement exact du chantier n'est pas encore connu à ce stade.

En ce qui concerne le nouveau bâtiment des laboratoires de l'ASTA, prévu d'être implanté sur le site du nouveau Lycée technique agricole à Gilsdorf, la planification n'a également pas connu de retards significatifs en raison de la pandémie. Le dépôt du projet de loi y relatif est prévu pour 2023. La durée des travaux est estimée entre 35 et 40 mois.

**Question 5804** (23.02.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant la « **Wanteraktioun** » :

An hirer Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 5503 schreift d'Madamm Minister fir d'Famill mat Bezuch op d'Raimlechkeete vun der „Wanteraktioun“, datt déi Lokalitéite „largement suffisantes“ sinn. An deem Kontext, wéilt ech der Madamm Minister fir Famill- an Integratioun nach dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit, déi dës Struktur benotzen, hale sech dat ganz Joer zu Lëtzebuerg op a wéi vill sinn der eventuell just op der Duerchrees? Huet d'Regierung doriwwer Erkenntneser?

2. Wéi ass et ze erklären, datt trotz der net auselaaschter Struktur vill Leit ouni feste Wunnsätz awer op der Strooss schlofen?

3. Ass an der Struktur garantéiert, datt d'Hygiène, d'Nuetsrou an d'Sécherheet vun de Leit garantéiert ass? Ginn déi Leit, déi op der Strooss liewen, all iwwert dës Offer informéiert, fir datt keen aus Onwësse muss bei niddregen Temperaturen dobausse bleiwen?

**Réponse** (21.03.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration* :

ad 1. D'Wanteraktioun (WAK) ass eng humanitär Aktioun déi verhënnert, datt obdachlos Persounen am Wanter op der Strooss erfréieren. An deem Sënn gëtt och all Persoun an der Wanteraktioun opgeho, déi sech presentéiert.

D'sozioedukativ Ekip huet als Missioun d'Persounen, déi eng Begleedung an Usproch wëllen huelen, bei déi verschidden existéierend Servicier ze orientéieren. Net all Persoun, déi zu engem Ament vun hirem Liewensparcours op d'Wanteraktioun zrëckgräift, sicht oder brauch eng sozial Begleedung. Deementspriedend ass net all Liewensparcours vun de Beneficiairë vun der WAK bekannt, weeder zënter wéini si zu Lëtzebuerg sinn, nach wéi laang si sech op dem lëtzebuergeschen Territoire wäerten ophalen.

Eis Statistiken gi keen Opschloss doriwwer wéi laang d'Leit schonn zu Lëtzebuerg sinn oder bleiwen. Dës Donnée gëtt net erhuewen.

ad 2. D'Wanteraktioun ass fir all obdachlos Persoun zougänglech, mee d'Persoun entscheet selwer, ob si wëll dohinne goen oder net. Et ginn eng Rei perséinlech Grënn, déi derzou féieren, datt eng Persoun d'Offer net unhuele wëll. Zum Beispill kéint de Fait, an engem Dortoire ze schlofen, fir verschidde Leit ofschreckend sinn. Anerer sinn net averstane mat de Reegelen, un déi een sech als Beneficiaire muss halen.

ad 3. D'Beneficiairë vun der WAK hunn all Dag Accès op Duschen, adaptéiert Sanitäsariichtungen, a kréien och Kleeder a Schong ugebueden. D'Läindicher ginn all Dag gewäsch a frësch opgezunn. Eng Botzfirma këmmert sech dagdeeglech ëm den Nettoyage bannen a bausse vun Gebai. Wat d'Nuetsrou an d'Sécherheet ugeet, ginn déi vun de Sécherheetsbeamte garantéiert, déi 24/24 a 7/7 um Site sinn.

D'Wanteraktioun gouf 2001 an d'Liewe geruff, a gëtt säitdeem järelech organiséiert. All d'Acteure vum Terrain, sief et d'Streetworker Servicier, d'Partner, déi am Beräich vun der Obdachlosegkeet schaffen, plus d'Spideeler, d'Foyer an d'Police ginn informéiert iwwer eventuell Adaptatiounen a kréien all Joer een neie Flyer mat den néidegen Informatiounen.

D'Streetworker beméien sech all Persoun, déi si am Wanter op der Strooss begéinen, iwwer d'Wanteraktioun ze informéieren. Si maache regelméisseg Ronnen an den Haaptquartiere an deenen sech obdachlos Leit kéinte befannen, fir datt keng obdachlos Persoun vergiess gëtt. D'Flyere ginn och op der Gare opgehaange mat der Adress, dem Horaire an den Transportinformatiounen.

**Question 5807** (23.02.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant les **mesures de création d'emplois** :

D'Aarbechtsbeschafungsmoossname sinn zënter Joren e wichtege Outil fir Leit, déi keng Aarbecht fannen, un den Aarbechtsmaart erunzeféieren. Trotzdeem notéiert ee grouss Ënnerscheeder an de Joresmoyennenen, esou wéi se vum Statec gefouert ginn. Nodeems d'Zuele vun der aktueller Regierung fir d'ëischt no ënne gefuer gi sinn, notéiert ee fir 2021 nees eng Hausse.

An deem Kontext hätt ech dës Froen:

1. Wéi vill Sue si vun 2013 bis haut an d'Aarbechtsmoossnamen investéiert ginn?

2. Wéi vill Persoune konnten duerch esou eng Moossnam nees Fouss um éischten Aarbechtsmaart faassen? Wéi vill jonk Leit waren do derbäi, wéi vill Leit iwwer 50 Joer a wéi vill Laangzäitaarbechtsloser?





3. Wéi laang si Persounen am Duerchschnëtt an esou Moosnamen, ier si nees eng Aarbecht fannen?

4. Wat geschitt mat de Leit, déi keng Aarbecht fannen an déi net méi vun enger Moosnam kënne profitieren?

5. Wéi erkläert sech d'Fluktuation vun den Zuele vun der Joresmoyenne, esou wéi de Statec se ausweist?

6. Leit, déi an esou zäitlech limitéierte Mesurë sinn, hu kaum eng Chance, fir e Prêt bei enger Bank ze kréien oder eng Wunneng ze fannen. Wat gedenkt d'Regierung ze maachen, fir si aus där Prekaritéit ze huelen, där si ausgesat sinn, obwuel si schafen?

**Réponse commune** (29.03.2022) de **M. Georges Engel**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*, et de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie* :

ad 1. Vun 2013 bis 2021 huet de Beschäftigungsfong insgesamt 1.000.380.515 € an Aarbechtsmoosnamen investéiert (Situatioun op den 31/01/2022).

ad 2. An de leschte fënnef Joer, vu Januar 2017 bis Dezember 2021, konnte 14.603 Leit eng Aarbecht fannen, nodeems si an enger Beschäftigungsmoosnam bei der ADEM waren. Do kann een dann nach 3.664 Leit derbäi zielen, déi no enger Moosnam an eng aner Moosnam komm sinn. Hei gëtt d'Situatioun dräi Méint nom Enn vun der Moosnam gekuckt: Wann eng Persoun no méi wéi dräi Méint eng Aarbecht fënnt, gëtt se net matgezielt. Et ginn och just Leit matgezielt, déi eng Aarbecht fannen an zu Lëtzebuerg sozialverséichert sinn. Salariéë souwuel wéi Independantë gi matgezielt. An der Tabell ënnendréiner gesäit een den Detail pro Moosnam. Déi lescht Kolonn („Taux“) weist de Prozentsaz vun de Leit, déi bei enger Moosnam matgemaach hunn an déi dräi Méint duerno eng Aarbecht haten oder an enger aner Moosnam waren. Ënnert dësen 18.267 Leit waren 8.362 jonk Leit, vu manner wéi 30 Joer, 2.598 Leit iwwer 50 Joer a 6.044 Laangzäitaarbechtsloser.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 3. D'Dauer variéiert vu Moosnam zu Moosnam. All Moosnam kann och fréizäiteg ofgebrach ginn, z. B. wann de Kandidat eng regulär Aarbecht fënnt. D'Tabell ënnendréiner gëtt en lwwerbléck, wéi laang déi eenzel Moosnamen dauere kënnen.

Typesch Dauer vun den eenzele Beschäftigungsmoosnamen

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 4. Leit, déi keng Aarbecht fannen oder keng aner Moosnam kréien, gi weider vun der ADEM suivéiert, wéi all déi aner Leit, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn. Wann déi gesetzlech Konditiounen erfëllt sinn, kënnen dës Leit da Chômage kréien.

ad 5. De Statec an och d'ADEM weisen an hire méintleche „Chiffres-clés“ d'Zuel vun de Leit, déi um leschten Dag vom Mount an enger Beschäftigungsmoosnam sinn („résidents en mesure pour l'emploi“). Dat ware 4.298 Leit op den 31. Januar 2022, wat eng Hausse vu 5,1 % am Verglach zum 31. Januar 2021 duerstellt.

D'Tabell ënnendréiner huet en aneren Usaz. Hei gesäit een d'Leit, déi, Joer pro Joer, an de verschidene Moosnamen ugefaangen hunn. Och do gesäit ee méi oder manner grouss Fluktuatione vun engem Joer op dat anert.

Vun 2017 bis 2018 ginn d'Zuele relativ staark erop. An deem Zäitraum huet d'ADEM hir Offer vu Formationen erweidert an och méi Leit a Formationen geschéckt. Donieft sinn och bedeitend méi Leit an d'Mesures spéciales bei sozial Beschäftigungsinitiative geschéckt ginn.

Vun 2018 op 2019 sinn d'Zuelen nees erofgaangen. Et hu manner Leit ee „stage de professionnalisation“ oder „contrat d'initiation à l'emploi (CIE)“ gemaach. D'Konjunktur zu deem Zäitpunkt war gutt an eng Rei privat Patronen hunn d'Leit direkt agestallt, an net méi den Ëmwee vun enger Beschäftigungsmoosnam geholl. Et sinn och bedeitend manner Leit an eng „occupation temporaire indemnisée (OTI)“ geschéckt ginn. Dat huet mam Gesetz vum 20. Juli 2017 („loi du 20 juillet 2017 sur la lutte contre le chômage de longue durée“) ze dinn, dat den Zougang zu dëser Moosnam ageschränkt huet. Et gesäit een och ee Réckgang vun de Mesures spéciales. Eng méiglech Erklärung ass och d'Aide à l'embauche de chômeurs de longue durée (EMI), déi am Kader vum virdu genante Gesetz agefouert gouf.

D'Zuele vun 2020 sinn duerch d'Pandemie geprägt. Duerch de Lockdown am Fréijoer an d'A-schränkungen, déi duerno komm sinn, konnten eng

Rëtsch Formationen net stattfannen. Et sinn och bedeitend manner Leit an de Genoss vun engem „contrat d'initiation à l'emploi (CIE)“ oder engem „stage de professionnalisation“ komm. Am Laf vum Joer 2020 gouf allgemeng manner agestallt. Dat schléit sech dann och an dëse Beschäftigungsmoosnamen néier.

Am Joer 2021 huet d'Aktivitéit um Aarbechtsmaart nees gutt ugezunn. D'Zuel vun de Leit, déi an de Genoss vun enger Beschäftigungsmoosnam komm sinn, ass duun nees op den Niveau vun 2019 geklommen.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 6. D'Aidë fir den Zougang zum Logement fir Leit an enger Aarbechtsmoosnam sinn déi, déi allgemeng gëlteg sinn.

**Question 5812** (24.02.2022) de **MM. François Benoy** et **Charles Margue** (*déi gréng*) concernant le **congé pour raisons familiales lié à la pandémie Covid-19** :

Dans le cadre de la crise liée à la pandémie Covid-19, le Gouvernement avait décidé d'élargir temporairement le régime du congé pour raisons familiales. Au vu de la situation actuelle, le dispositif sera prolongé jusqu'au 30 avril 2022.

Dans sa réponse à nos questions parlementaires n° 2161 et n° 3710, Monsieur le Ministre avait pu fournir des chiffres ventilés selon les secteurs et sexes. Ces chiffres et les analyses qu'ils rendent possibles sont particulièrement importants afin de pouvoir mieux cerner l'impact de la pandémie Covid-19 sur l'égalité des genres.

Dans ce contexte, nous voudrions obtenir les renseignements suivants de la part de Madame la Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes et de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Afin de mieux cerner l'impact de la pandémie Covid-19 sur l'égalité des genres, Monsieur le Ministre pourrait-il nous fournir les chiffres actualisés en termes de demandes de congé pour raisons familiales lié à la pandémie Covid-19, ventilés par secteurs et sexes par trimestre ?

2) Comment ces chiffres évoluent-ils sur le cours de la pandémie ? Comment évolue la part des femmes et des hommes ayant recours au congé pour raisons familiales au cours de la pandémie ?

3) Quelles actions publiques ont été menées afin d'éviter que la pandémie et les réponses à celle-ci ne creusent davantage les inégalités entre femmes et hommes, notamment en ce qui concerne le travail non rémunéré dans le cadre dudit congé ?

**Réponse commune** (30.03.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale*, et de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes* :

ad 1) Les données disponibles par le département de la Sécurité sociale et reprises ci-après ne portent que sur les salariés de statut privé et les non-salariés. En effet, le Ministère de la Sécurité sociale ne dispose pas d'informations sur les congés pour raisons familiales (CPRF) des salariés qui ont droit à la continuation illimitée de la rémunération et qui, par conséquent, ne bénéficient pas de l'indemnité pécuniaire versée par la Caisse nationale de santé (fonctionnaires, employés et ouvriers de l'État, fonctionnaires et employés communaux, agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois).

Les tableaux qui suivent ventilent, par secteurs et sexes, le nombre de bénéficiaires (résidents et non résidents) d'un CPRF lié à la pandémie Covid-19 selon le trimestre et l'année.

Tableau n° 1 : Ventilation par secteurs et sexes du nombre de bénéficiaires d'un CPRF lié à la pandémie Covid-19 selon le trimestre en 2020

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Tableau n° 2 : Ventilation par secteurs et sexes du nombre de bénéficiaires d'un CPRF lié à la pandémie Covid-19 selon le trimestre en 2021

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Tableau n° 3 : Ventilation par secteurs et sexes du nombre de bénéficiaires d'un CPRF lié à la pandémie Covid-19 sur la période 2020-2021

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 2) En 2020, 56.737 personnes (12 % des personnes ayant exercé un emploi) ont bénéficié d'un CPRF lié à la pandémie. En 2021, ce nombre a diminué pour atteindre 35.774 personnes (7 % des personnes ayant exercé un emploi). Sur l'ensemble de la période 2020-2021, 68.810 personnes (13 % des personnes ayant exercé un emploi) ont eu recours à ce dispositif.

Au niveau trimestriel, l'évolution du nombre de bénéficiaires du CPRF affiche un profil heurté caractérisé par deux sommets (2<sup>e</sup> trimestre 2020 et 1<sup>er</sup> trimestre 2021) et deux creux (4<sup>e</sup> trimestre 2020 et 3<sup>e</sup> trimestre 2021). En particulier, le nombre de bénéficiaires du CPRF a été maximal durant le 2<sup>e</sup> trimestre 2020, où 45.766 personnes (10 % des personnes ayant exercé un emploi) y ont eu recours (Figure n° 1).

Figure n° 1 : Évolution trimestrielle du nombre de bénéficiaires d'un CPRF lié à la pandémie Covid-19

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

En 2020, 30.824 femmes et 25.913 hommes (16 % des femmes et 9 % des hommes ayant exercé un emploi) ont bénéficié d'un CPRF lié à la pandémie. En 2021, ces nombres ont diminué pour atteindre 21.497 femmes et 14.277 hommes (10 % des femmes et 5 % des hommes ayant exercé un emploi). Sur l'ensemble de la période 2020-2021, 37.232 femmes et 31.578 hommes (17 % des femmes et 10 % des hommes ayant exercé un emploi) ont eu recours à ce dispositif.

Au niveau trimestriel, la part des femmes et des hommes ayant bénéficié d'un CPRF lié à la pandémie suit la même trajectoire que celle du nombre de bénéficiaires (Figure n° 2).

Figure n° 2 : Évolution trimestrielle de la part des femmes et des hommes ayant bénéficié d'un CPRF lié à la pandémie Covid-19

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 3) En janvier 2021, le Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes a donné mandat au LISER (Luxembourg Institute for Socio-Economic Research) pour réaliser une étude sur l'impact de la crise liée au Covid-19 sur l'égalité entre les femmes et les hommes au Luxembourg.

Cette étude a mis un focus sur plusieurs aspects dont :

- l'impact des mesures introduites par le Gouvernement luxembourgeois à la suite du premier confinement et prolongées dans la suite, telles que p. ex. le congé pour raisons familiales ou encore le chômage partiel ;
- l'impact de la crise sur l'égalité entre les sexes au niveau de l'emploi, du chômage et des ressources financières ;
- le recours au télétravail par les femmes et les hommes ainsi que
- les différences en termes d'emploi du temps dans le contexte de l'éducation à domicile et de l'exécution des tâches domestiques.

Il importe de préciser que l'étude du LISER ne comporte pas d'analyse chiffrée du recours au congé pour raisons familiales ou au chômage partiel par les deux sexes. En effet, le rapport se base en grande partie sur les données du sondage sur les effets socio-économiques effectué par le LISER et l'Université du Luxembourg entre mai à juillet 2020 et entre mars et mai 2021. Les résultats apportent des premiers éléments de réponse à la question de savoir si la crise a accentué les inégalités entre les sexes dans les domaines précités.

En effet, l'étude a montré des conséquences plus graves sur les femmes en ce qui concerne notamment le risque de perte d'emploi, l'organisation intrafamiliale affectée par le télétravail et ledit « home schooling », les interactions sociales ou encore la distribution des tâches domestiques durant les différentes phases du confinement qui a affecté les femmes de manière disproportionnée par rapport aux hommes.

## Le saviez-vous ?

### RAPPORTEUR

Le rapporteur est le membre d'une commission de la Chambre des Députés chargé de présenter devant celle-ci en séance publique le rapport de la commission sur un texte.

Les principaux résultats de l'étude ont été présentés et discutés le 7 mars 2022 dans le cadre d'une conférence publique, durant laquelle la Ministre de l'Égalité a annoncé la mise en place d'un groupe de travail interministériel pour identifier les mesures permettant à éviter, dans la mesure du possible, des effets négatifs sur l'égalité entre les sexes de futures crises potentielles.

**Question 5813** (24.02.2022) de **M. Fred Keup** (ADR) concernant l'**acquisition de la nationalité luxembourgeoise** :

Mam Gesetz iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit vun 2017 kënnen erwuesse Persounen per Optioun d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, wann si een Elterendeel, Adoptivelterendeel oder Grousselterendeel hunn, dee Lëtzebuerger war oder ass.

Bei dëser Prozedur si Kenntniser vun der Lëtzebuerger Sprooch keng Konditioun, an et zielt och keng Residenzklausel. Esou kann zum Beispill eng Persoun, déi ni zu Lëtzebuerg gelieft huet, kee Lëtzebuergesch kann a keng Lëtzebuerger Ofstamung huet, d'Nationalitéit kréien, wann ee Grousselterendeel op Lëtzebuerg agewandert ass an d'Lëtzebuerger Nationalitéit ugeholl huet.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Justizminister:

1. Wéi vill Persounen kruten an de leschte Joren iwwert dësen Optionsmodell d'Lëtzebuerger Nationalitéit?

2. Wéi deelt sech dës Zuel op no deene verschidene méigleche Konditiounen: Elterendeel, Adoptivelterendeel, Grousselterendeel?

3. Wéi vill vun dëse Persounen hunn ni zu Lëtzebuerg gewunnt? A wéi enge Länner hate si hire Wunnsätz?

**Réponse** (21.03.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1. Den Artikel 23 vum ofgeännerte Nationalitéitengesetz vum 8. März 2017 regelt d'Optionsprozedur:

« L'option est ouverte au majeur :

1° lorsque son parent ou adoptant possède ou a possédé la nationalité luxembourgeoise et que cette nationalité ne lui a pas été attribuée ; ou  
2° lorsque son grand-parent possède ou a possédé la nationalité luxembourgeoise et que cette nationalité n'a pas été attribuée à son parent. »

Heidrenner sinn d'Statistiken vun den ofgeschlossenen Optionsprozeduren op Basis vum Artikel 23.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 2. Et si keng Statistiken, opgedeelt no deene verschidde méigleche Elterendeel, Adoptivelterendeel oder Grousselterendeel, verfügbar.

Enger Schätzung no deelen sech d'méiglecheete vum Elterendeel a Grousselterendeel zu jeeeweils 50 % op.

D'méiglecheete vum Adoptivelterendeel kënn ganz seele vir.

ad 3. Zum Wunnuert ginn et folgend Schätzungen:

Ongeféier 500 Persounen hunn hire Wunnuert zu Lëtzebuerg.

Vun deene reschtliche Persounen hunn der ëm déi 1.110 hire Wunnuert a Frankräich, 400 an der Belge, 130 an Däitschland, 100 a Groussbritannien, 75 an de Vereenegte Staaten vun Amerika, 20 a Brasilien, an am Rescht vun der Welt. Ob dës Persounen jee mols e Wunnuert zu Lëtzebuerg hate kann net festgestallt ginn.

**Question 5819** (25.02.2022) de **M. Max Hengel** (CSV) concernant le **cours particulier pendant la pandémie** :

Et ass gewosst, datt eis Kanner a Jugendlech besonnesch ënnert der aktueller Pandemie leiden a gelidden hunn.

Fir d'Schüler a Studente si vill Unterrechtsstonnen ausgefall an och mat Homeschooling konnt vill Matière net behandelt ginn an eng ganz Rei Schüler hu méi oder manner grouss schoulesch Retarden no de leschten zwee Joer virzeweisen.

Vill Elteren a Schüler probéieren dës Retarden duerch Nohëllef opzeschaffen, si mussen awer feststellen, datt op den Nohëllefstonne 17 % TVA musse bezuelt ginn.

Virun dësem Hannergrond wëll ech folgend Froen stellen:

- Ginn et Statistiken zu den Nohëllefstonnen, déi zu Lëtzebuerg an Usproch geholl ginn?





- Deelt d'Regierung d'Meenung, datt et sënnvoll wier, fir eng begrenzten Zäit (z. B. zwee Joer) bei Nohëllefstonnen e reduzéierten TVA-Taux vun 3 % anzeféieren?

- Wann nee, aus wéi enge Grënn?

**Réponse commune** (29.03.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*, et de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

Et sief fir d'éischt rappeléiert, datt et ganz verschidden Offeren un Nohëllefstonne gëtt: En Appui scolaire gëtt zum Beispill souwuel am Enseignement fondamental wéi och am Enseignement secondaire am Kader vum Schoulhoraire oder heiansdo och ausserhalb vun de Schoulstonnen organiséiert.

Donieft huet den Educationnsministère virun zwee Joer eng sougenannte Summerschool op d'Been gestallt, fir de Schüler während der grousser Vakanz eng geziilt Offer am Beräich vun der Nohëllef ze maachen. Dës zwou Offere si fir d'Schülerinnen an d'Schüler, respektiv hir Elteren, gratis; d'Fro vun enger Reduzéierung vum Taux vun der TVA stellt sech deemno net. D'Zuel vun de Stonne ka statistesch an allen Detailer dokumentéiert ginn.

Donieft ginn awer och Nohëllefstonne vu Studenten a vu privaten Associatiounen ugebueden. Iwwert dës Offere leie keng statistesch Donnéeën vir.

Weider muss ee verstoen, datt fir d'Applikatioun vun engem reduzéierten oder super-reduzierte Steuersaz ewéi 3 %, den europäesche Rechtskader respektéiert muss ginn. Dësen erlaabt et net, fir op Nohëllefstonnen de super-reduzierten TVA-Steiersaz vun 3 % ze applizéieren.

**Question 5821** (25.02.2022) de **MM. Sven Clement** et **Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **panne du site meteolux.lu** :

De Méinden 21. Februar huet d'Tageblatt bericht, dass d'Internetsäit vu Meteolux e puer Minutten nom Ausruuffe vun der Alerte rouge weinst staarke Wandstéis net méi erreechbar war. Laut Meteolux louch dësen Ausfall un enger Iwwerlaaschtung vum Server. Schonn d'lescht Joer während den Iwwerschwemmungen am Juli koun et zu technesche Problemer beim Site.

An deem Zesummenhang wëllt mir de Ministere fir Digitaliséierung a fir Interieur dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung bestätegen, dass de Site Meteolux op e staatleche Server migréiert gëtt? Wa jo, wat fir ee konkreeten Zäitplang ass hei virgesinn? Wann nee, firwat net?

2. Wat fir Schrëtt wäerte geholl ginn, fir d'Ofstierze vum Site vu Meteolux an Zukunft ze verhënneren?

3. Laut Tageblatt schafft d'Regierung un enger Meteo-App, duerch déi si sech eng méi effizient Kommunikatioun erhofft. Dës App kann awer natierlech nëmme vun deene benotzt ginn, déi ee Smartphone mam néidegen Internetzougang hunn. Denkt d'Regierung net, dass prioritär misst gekuckt ginn, fir d'Leit am Noutfall iwwer SMSen ze erreechen an d'GouvAlert-App ze verbessern?

**Réponse commune** (30.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur*, et de **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à la Digitalisation* :

No der Pann am Juli 2021 ass eng Backup-Léisung fir déi aktuell Websäit amgaangen agericht ze ginn, fir d'Ofhängegkeet vun der Hosting-Firma ze minimiséieren. Duerch e reegelméissege Stresstest um aktuelle Server sollen eventuell Problemer fréi genuch, an ier se akut ginn, erkannt ginn.

Zousätzlech leeft zënter 2021 tëscht der Administration de la navigation aérienne (ANA) an dem Zenter fir Informatiounstechnologë vum Staat (CTIE) e Projet fir eng robust Léisung ëmzesetzen an de Site vu Meteolux nei opzebauen. De CTIE këmmert sech hei ëm d'Architektur an den Hebergement vum neie Site.

De Projet fir d'Verbesserung vun der GouvAlert-App an der Warnung vun der Populatioun am Allgemengen ass eng Prioritéit vun der Regierung. D'Zil am Kader vun der Reform vum Warnsystem ass, de staatleche Verwaltungen e performante System zur Verfügung ze stellen, deen hinnen erlabe wäert, d'Populatioun bei Geforen adequat ze alertéieren, dëst iwwer multipel Kanäl wéi d'App, en SMS oder nach de „Cell Broadcast“.

Wéi beim Stueram Februar ze gesi war, si schonn éischt Optimiséierung vum System ëmgesat ginn. Zu deem Moment konnt d'Bevëlkerung ewell multi-kanal (GouvAlert an SMS) iwwert déi potenziell Gefor informéiert ginn.

D'Meteolux-App ass hirersäits vun der ANA initiiert ginn. De Sënn an Zweck vun dëser App ass

et, allgemeng Meteoinformatiounen a Klimadonnéeën vu Meteolux méi no bei de Bierger ze bréngen. An dësem Kader ginn och Meteo-Alerte mat publizéiert, als zousätzlech Informatiounen zu deenen, déi iwwer aner Kanäl erausgeschéckt ginn.

**Question 5824** (25.02.2022) de **M. Marc Spautz** (*CSV*) concernant la **semaine de travail** :

Interrogé au sujet de la semaine de travail à quatre jours envisagée en Belgique, le Ministre du Travail luxembourgeois s'est récemment montré favorable à une réduction concrète du temps de travail.

C'est à cet égard que j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

1) Monsieur le Ministre peut-il me faire part de sa vision de la réduction concrète du temps de travail à laquelle il se dit favorable ?

2) Comment aménager cette réduction du temps de travail sans aggraver le manque de main-d'œuvre auquel de nombreux secteurs font face ?

3) Alors qu'il semble acquis que peu de personnes souhaitent renoncer à une partie de leurs salaires (vu le coût de la vie au Luxembourg), comment Monsieur le Ministre entend-il faire en sorte qu'une réduction du temps de travail se fasse sans perte de salaires pour les concernés ?

4) La loi du 23 décembre 2016 concernant l'organisation du temps de travail a-t-elle fait l'objet d'une évaluation de la part des services de Monsieur le Ministre ? Quelles en sont les conclusions ? Convient-il de procéder à des ajustements ?

5) Monsieur le Ministre peut-il m'informer sur l'implémentation du compte épargne-temps dans le secteur privé ? Quel(le)s sont les entreprises / secteurs ayant déjà mis en place un tel dispositif ?

**Réponse** (30.03.2022) de **M. Georges Engel**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire* :

ad 1) La réduction du temps de travail peut se faire de différentes façons. Ainsi le Gouvernement a introduit un jour de congé et un jour férié supplémentaire au début de la législature. La réduction du temps de travail peut par exemple avoir comme conséquence positive l'augmentation du taux d'emploi. En outre, une réduction du temps de travail est favorable au bien-être au travail et peut augmenter la productivité des salariés. Certains craignent cependant aussi des conséquences négatives d'une réduction du temps de travail.

Il faut cependant souligner qu'à côté de la réduction du temps de travail qui a été introduite au début de la période législative, l'accord de coalition 2018-2023 prévoit, dans le passage consacré à l'organisation du temps de travail, que la nouvelle économie nécessite d'autres formes d'organisation du travail qui ont un impact sur le temps de travail. Les salariés ont des aspirations différentes en matière d'organisation et de temps de travail. Ils demandent plus d'autonomie et des formes de travail plus flexibles. Il s'agit avant tout pour eux de mieux concilier vie familiale/privée et vie professionnelle. Parallèlement, une plus grande flexibilité en matière d'organisation du travail devra permettre aux entreprises de mieux s'adapter à un environnement économique et concurrentiel en constante évolution.

Ces nouvelles approches qui peuvent être négociées dans le cadre du dialogue social et avant tout dans celui des conventions collectives sont en général favorables à un niveau de productivité plus élevé et une satisfaction, motivation et créativité plus élevées au travail.

Le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire se montre prêt à discuter de ce sujet avec les partenaires sociaux.

ad 2) + 3) Il suffit de regarder à travers nos frontières pour constater qu'une semaine de travail de 40 heures n'est pas absolument nécessaire pour le bon fonctionnement de l'économie. Mais le Luxembourg connaît aussi des organismes qui ont opté pour une diminution du temps de travail.

Au cas où les partenaires sociaux souhaiteraient discuter et négocier autour d'une réduction générale du temps de travail, il faudra également aborder la question concernant le maintien du niveau de salaire. Le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire ne saurait révéler à ce stade des propositions par rapport à cette question.

ad 4) + 5) Non, la loi du 23 décembre 2016 concernant l'organisation du temps de travail n'a pas en-

core fait l'objet d'une évaluation, mais elle sera lancée prochainement. Vu que l'évaluation de la loi n'a pas encore été lancée, il n'est à ce stade pas possible de fournir des informations quant à l'implémentation du compte épargne-temps dans le secteur privé.

**Question 5828** (28.02.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **reprise d'emballages** :

D'Gesetz vum 21. Mäerz 2017 reegelt den Émgang mat Verpackungen an dem Verpackungsoffall. An dësem Gesetz ass am Artikel 8 virgesinn, datt all Societët, déi Verpackungen herstellt, dozou verpflichtet ass, dës Verpackungen och erëmzעהuelen oder alternativ een agreeierte Service dofir anzestellen. Den 1. Mäerz 2021 hunn ech eng parlamentaresch Fro (N° 3735) zur Reprise vu Verpackungs-offall gestallt. Dee Moment hat den Ëmweltministère erkläert, dass e Kenntnis vu Betriber huet, déi sech net un d'Gesetz vum 21. Mäerz 2017 gehalen, also keen eegene Rückgabesystem opgebaut hunn an och net bei Valorlux registriert sinn. Am Juni 2021 huet sech dunn erausgestallt, dass 100 Betriber net konform zum Gesetz vun 2017 wieren.

An deem Zesummenhang wëllt ech der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun dësen 100 Betriber si mëttlerweil gesetzkonform?

2. Goufe Sanktiounen géint Betriber ausgeschwat weinst engem Netrespekt vum Gesetz vun 2017?

**Réponse** (30.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

Par rapport zu der Situatioun vu Juni 2021 sinn elo zousätzlech 69 Betriber konform, sief et well se sech konform gesat hunn, nodeems se per Bréif dozou opgefuerdert goufen, oder nodeems se kontrolléiert goufen.

Bis elo si keng Sanktiounen ausgeschwat ginn, well d'Betriber sech entweder innerhalb vum Delai konform gesat hunn oder nach net kontrolléiert goufen.

**Question 5830** (28.02.2022) de **Mmes Djuna Bernard** et **Jessie Thill** (*déi gréng*) concernant la **mise en œuvre de recommandations européennes en faveur des compétences numériques des jeunes** :

Du 26 au 31 septembre 2021, la Conférence européenne de la jeunesse a été organisée en Slovaquie. Parmi les conclusions de ce 8<sup>e</sup> cycle du dialogue de l'Union européenne en faveur de la jeunesse figure une série de recommandations sous le titre « Ensuring Digitalised Youth Spaces ». <sup>3</sup> Les États membres de l'Union européenne y sont encouragés d'assurer un standard numérique minimal à travers toute l'Europe en ce qui concerne l'infrastructure numérique dont un accès gratuit à Internet/Wifi et aux outils numériques essentiels pour les jeunes. De même, il leur est recommandé de soutenir le personnel dans les secteurs de l'éducation formelle et non formelle en vue d'outiller les jeunes pour protéger eux-mêmes et autrui de la désinformation et des discours de haine dans l'environnement numérique, ainsi que pour stimuler leur capacité de former leurs jugements de manière objective.

Les conclusions du 8<sup>e</sup> cycle du dialogue de l'UE en faveur de la jeunesse ont été examinées par les ministres européens en charge de la jeunesse pour aboutir à résolution visant la promotion de la participation politique des jeunes dans la vie démocratique en Europe, adoptée lors du Conseil de l'UE du 14 décembre dernier à Bruxelles.

Dans ce contexte, nous nous permettons de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et à Monsieur le Ministre à la Digitalisation :

1) Quelles sont les mesures que le Gouvernement a d'ores et déjà mises en œuvre afin de poursuivre les objectifs susmentionnés, notamment en ce qui concerne les compétences et ressources numériques des jeunes ?

2) Dans quelle mesure et de quelle façon les compétences numériques des jeunes sont-elles encouragées et développées spécifiquement à travers l'éducation non formelle ? Quels sont les appuis que le ministère met à disposition des acteurs actifs dans ce domaine ?

3) Des mesures additionnelles sont-elles prévues suite aux conclusions du 8<sup>e</sup> cycle du dialogue UE en faveur de la jeunesse et suite à l'adoption de la résolution susmentionnée ?

**Réponse commune** (05.04.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*, et de **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à la Digitalisation* :

ad 1) En 2015, la stratégie « digital4education » a été lancée par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE). Elle vise à développer les compétences digitales nécessaires pour l'utilisation responsable et appropriée des technologies de l'information et de la communication (TIC) et en promouvant des projets pédagogiques dans les écoles. Elle définit comme défis pédagogiques principaux : donner à tous les élèves accès aux TIC, promouvoir l'utilisation des TIC dans l'éducation formelle et non formelle, développer et renforcer les compétences dans les domaines de communication, créativité, bien-être et le développement de l'esprit critique.

L'initiative « einfach digital - Zukunftskompetenz fir staark Kanner » (digital, tout simplement - les compétences du futur pour des enfants forts), lancée en février 2020 par le MENJE, vise précisément à renforcer les compétences du 21<sup>e</sup> siècle dans les écoles et les structures d'éducation et d'accueil à travers une série de mesures (https://men.public.lu/en/grands-dossiers/systeme-educatif/digital.html). L'éducation nationale se retrouve au premier plan pour transmettre aux enfants et aux jeunes les compétences dont ils ont besoin pour évoluer avec succès et en toute sécurité dans un environnement hyper digitalisé et les préparer à saisir les opportunités professionnelles générées par ces mutations. L'ambition est de former des citoyens qui comprennent l'univers digital et qui, de simples consommateurs, deviennent acteurs. À la passivité des journées passées sur le smartphone doit succéder la stimulation à questionner, innover, résoudre des problèmes, chercher des solutions.

Le Guide de référence pour l'éducation aux et par les médias (« Medienkompass ») a été présenté le 10 mars 2020. L'ouvrage constitue un outil pratique qui aide les enseignants à sensibiliser et à former les enfants et les jeunes à l'usage des médias digitaux, dans une approche transversale, dans toutes les disciplines d'enseignement.

Le développement des compétences en coding et de la pensée computationnelle est devenu une mission incontournable de l'école du 21<sup>e</sup> siècle, au même titre que l'enseignement des compétences traditionnelles lire, écrire, compter. Non seulement le coding (programmation) et la pensée computationnelle (computational thinking) donneront à chaque jeune accès au marché du travail, mais lui permettront de comprendre le monde dans lequel nous vivons et de résoudre de façon simple et cohérente des problèmes complexes. À l'école fondamentale, le coding a été introduit à la rentrée 2020-2021 au cycle 4 dans le cours de mathématiques, puis à partir de 2021-2022 aux cycles 1 à 3 dans toutes les disciplines, de façon transversale. La mise en route de l'apprentissage du coding est encadrée par les 15 instituteurs spécialisés en compétences numériques (I-CN) depuis septembre 2020 (un par direction de l'enseignement fondamental).

Le MENJE a présenté en mai 2021 une toute nouvelle discipline intitulée Digital sciences, qui a été introduite au niveau des classes inférieures de l'enseignement secondaire classique et général en septembre 2021. L'objectif de la nouvelle discipline est de développer, au-delà des compétences techniques, les compétences indispensables dont les élèves ont besoin pour évoluer avec succès et en toute sécurité dans l'univers digital. L'introduction progressive dans toutes les classes de la 7<sup>e</sup> à la 5<sup>e</sup> a débutée à la rentrée 2021-2022 par une phase pilote à grande échelle à laquelle participent 18 lycées. En 2022-2023, le cours sera introduit dans toutes les classes de 7<sup>e</sup> du pays, alors que la phase pilote se poursuivra en 6<sup>e</sup> dans les lycées volontaires. À l'horizon 2024-2025, la discipline Digital sciences sera généralisée au niveau de tous les lycées dans les classes de 7<sup>e</sup>, 6<sup>e</sup> et 5<sup>e</sup>, y compris à la voie de préparation.

Une autre mesure du Gouvernement est la mise en place de Bee Secure, qui sensibilise et informe depuis 2010 en particulier les enfants et les jeunes ainsi que leur entourage immédiat (parents, enseignants, éducateurs et grands-parents) à une utilisation plus sûre et responsable des médias et des technologies y liées. Un pilier principal du travail de Bee Secure est l'organisation systématique de formations de sensibilisation. L'objectif global est de favoriser et de soutenir l'apprentissage de la réflexion critique sur les pratiques et les contenus, en rapport avec Internet, dont le discours de haine et la désinformation. Les formations Bee Secure pour les élèves de 7<sup>e</sup> année sont obligatoires depuis plus de dix ans. Actuellement se déroule une phase-test pour intégrer la formation de sensibilisation Bee Secure pour les élèves de 7<sup>e</sup> année dans le nouveau cours Digital sciences.

En 2021, il y a eu 1.176 formations de Bee Secure, dont 482 dans l'enseignement fondamental, 24 dans des maisons relais, 585 dans l'enseignement secondaire, 29 auprès de maisons de jeunes, 25

<sup>3</sup> <https://www.dialog.lu/wp-content/uploads/2021/12/EUYC-Joint-recommendations-of-the-8th-Cycle.pdf>





soirées pour parents et 31 formations continues. Bee Secure continue à faire évoluer son offre de formations en l'adaptant régulièrement aux tendances actuelles de l'utilisation des TIC par les jeunes au Luxembourg.

Bee Secure complète ses efforts de sensibilisation par des campagnes de sensibilisation régulières et par de publications qui mettent en avant un thème pour communiquer de manière ciblée sur des sujets précis, à l'instar de la campagne « #checkyourfacts - Gleeft net alles um Internet » en 2019 qui traitait du sujet de la désinformation. En outre, il existe un large éventail de publications pour les parents, les enseignants et les éducateurs, comme des guides, du matériel pédagogique et des articles thématiques.

La Bee Secure-Helpline (8002-1234) offre une consultation téléphonique gratuite, anonyme et confidentielle pour enfants, jeunes, parents, adultes, seniors, enseignants et éducateurs. Elle fournit des informations, conseils et aides personnalisées en matière de la sécurité en ligne et l'usage responsable des TIC, comme par exemple dans le contexte de la protection informatique, du cyberharcèlement, des réseaux sociaux, des droits à la vie privée ou encore de la sécurité technique.

Toutes les activités de l'initiative Bee Secure sont résumées dans le rapport annuel : [https://www.bee-secure.lu/wp-content/uploads/2022/02/150\\_annual-report-2021-web-ua.pdf](https://www.bee-secure.lu/wp-content/uploads/2022/02/150_annual-report-2021-web-ua.pdf)

ad 2) Le Service national de la jeunesse (SNJ) encourage l'éducation aux et par les médias dans l'éducation non formelle au moyen de différentes initiatives :

1) Bee Secure

Le secteur de l'éducation non formelle joue un rôle important dans le travail de Bee Secure avec des formations de sensibilisation, des publications et des actions dédiées à ce secteur :

- DigiRallye : un événement biannuel ludique pour maisons relais ;

- Élaboration de nouvelles formations spécifiques pour les structures de l'éducation non formelle (enfants, jeunes et éducateurs) ;

- Élaboration de matériel pédagogique pour personnel éducatif comme Internet dans les maisons relais ou éducateurs et enseignants face aux médias et technologies.

2) Base 1 Makerspace au Forum Geesseknäppchen

Depuis 2015, le Base 1 Makerspace au Forum Geesseknäppchen accueille des enfants, des jeunes et des groupes issus des maisons relais, des écoles fondamentales, des maisons de jeunes, des lycées et autres institutions. L'ensemble des offres du Base 1 (ateliers pratiques, encadrement individuel, événements extraordinaires, etc.) sert à découvrir les possibilités de création médiatique et d'utiliser les médias de manière créative (p. ex. la programmation). En 2021, le Makerspace a pu compter 1.812 visiteurs.

En dehors d'activités s'adressant directement aux enfants et jeunes, l'équipe a conçu des Makerkoffer permettant aux éducateurs, ainsi que toutes personnes intéressées de réaliser des ateliers créatifs en dehors du Makerspace. Ces Makerkoffer comprennent trois thèmes différents : programmation, électronique, « wearables ». Pour chaque thème, il existe différents niveaux de difficulté. Ces Makerkoffer sont mis à disposition des maisons relais et des formations spécifiques sont proposées.

3) Éducation aux médias dans le centre Marienthal

Au Centre Marienthal le SNJ propose des activités qui traitent de la réalité derrière les images audiovisuelles et des risques de manipulation. Les enfants ont ici la possibilité de créer leurs propres contenus, par exemple des films. L'utilisation de tablettes tactiles permet aux enfants d'acquérir des connaissances dans des domaines diversifiés comme la technique du « stop-motion » ou du « fond vert ». Ces activités s'adressent aux écoles ainsi qu'aux maisons relais.

Un projet récent est intitulé Virwëtzäuten froen no. Pendant cette activité, les enfants jouent le rôle de reporters curieux, deviennent des ingénieurs de sons et s'occupent de la caméra. En équipe, les enfants proposent des questions captivantes et les posent aux adultes devant la caméra. Les reportages finis sont publiés et mis en ligne. Tout comme pour d'autres programmes, ce projet est conçu de manière à pouvoir être repris par les maisons relais en régie propre après avoir fait ses preuves.

4) Colloques

Le SNJ organise régulièrement des colloques et échanges pour le personnel éducatif autour des sciences numériques. Ainsi, en janvier 2020, le SNJ a organisé une conférence internationale intitulée Youth work in the digital era. 72 participants provenant de 19 pays européens qui sont actifs dans le secteur de la jeunesse ont participé à cet événement pour apprendre, explorer et échanger sur les

différentes formes et bonnes pratiques du « travail numérique avec les jeunes ».

ad 3) Comme mesures additionnelles en faveur des compétences numériques des jeunes, le nouveau plan d'action en faveur de la jeunesse 2022-2025, qui paraît en mai 2022, contient des activités autour de la question sur l'usage des médias sociaux par les jeunes et l'impact sur l'animation socio-éducative. Il est nécessaire d'analyser en profondeur l'usage des médias sociaux par les jeunes, les addictions éventuelles, l'impact psychologique sur les jeunes, les effets du cyberharcèlement et les effets sur la formation d'opinion par les jeunes. Ensemble avec les animateurs socio-éducatifs, des réflexions doivent être menées pour créer des outils pédagogiques, savoir comment aborder ces sujets avec les jeunes et comment les inclure dans la pratique professionnelle.

**Question 5831** (28.02.2022) de **M. Marc Goergen (Piraten)** concernant le **matériel scolaire pour les enseignants de l'enseignement fondamental** :

Duerch d'Pandemie huet den Teletravail ganz nei Ausmoossen ugeho. Esou hunn och d'Enseignantë méi op dësen Outil missten zréckgräifen, an dat virun allem a Wochen, wou Homeschooling huet misse gemaach ginn, wéi z. B. am Februar d'lescht Joer. Dofir hat ech dem Minister eng Fro (N° 5505) zum Material iwwert den Teletravail am Enseignement gestallt. An der Äntwert huet de Minister erkläert:

„Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5137 erkläert, ass et den Enseignantën, déi an den éffentleche Grondschoulen intervenéieren, méiglech, bei der Realisatioun souwuel vun de schouleschen Aktivitéite wéi och vum ‚Enseignement à distance‘, op dat informatesch Material zréckzegräifen, dat hinnen an de Schoulen zur Verfügung steet. Dëst gëllt och fir den Enseignement secondaire: D'Lycéeën hu genuch Material, dat si den Enseignantën zur Verfügung stelle kënnen. Ausserdeem gëtt et am Enseignement secondaire de Programm ‚IT for Teachers‘ (IT4T), deen eng Mise à disposition vun iPaden oder Laptoppe fir d'Enseignantë virgesäit.“

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir Bildung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Computere sinn an de Lycéeën installéiert? Wéi vill Prozent heivu si PCen a wéi vill Prozent si Laptoppen, déi d'Personal ka mat heem huelen?

2. Wéi vill Laptoppen an Ipade goufen an deene leschten zwee Joer iwwert den IT4T Programm un d'Proffen ausgeléint?

3. Wat fir net elektronesch Material kënnen d'Profen an de Lycéeën zur Verfügung gestallt kréien (Bicher, Kaarten, Konschtmateriel etc.)?

4. Wat fir Material gëtt an den Ae vum Minister am meeschte vun de Proffen gebraucht fir d'Preparatioun fir d'Coursen doheem?

5. Am Fall vun der Ofsetzung vu Material esou wéi der Stroum- an Heizrechnung fir den Teletravail iwwert d'Steier ginn et verschidden Ongläichheeten. Esou dierfe Persounen nëmme Material ofsetzen, wann se Proprietär vun hirem doheem sinn an ee Raum just fir d'Aarbecht hunn, an d'Material exklusiv fir d'Aarbecht benotzen.

Wéi steet de Minister zur Iddi, dass all d'Material, dat een Enseignant brauch fir seng Aarbecht a wat en net vum Lycée oder dem Ministère gestallt kritt, vun de Steiere kann ofgesat ginn, och wann déi uewe genannte Konditiounen net erfëllt sinn?

**Réponse commune** (04.04.2022) de **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**, et de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** :

ad 1. Fir pedagogesch Zwecker sinn 11.762 PCen a 7.146 Laptoppen an de Lycéeën installéiert ginn. Dës sinn net geduecht, fir mat heem geholl ze ginn.

ad 2. Zuel vun iPaden a Laptoppen, déi iwwert den IT4T-Programm ausgeléint goufen:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 3. + 4. Sämtlecht Material, dat vun de Schoulen ugeschaf gouf, kann den Enseignantën zur Verfügung gestallt ginn. Dorënner ass an der Reegel awer net ze verstoen, datt d'Enseignantën dëst Material kënnen mat heem huelen; et ass éischter fir d'Preparatioun vun de Coursë geduecht, déi si an der Schoul réaliséieren. Dobäi kann et sech ëm all méiglech Zorte vu Material handelen, vu Bicher iwwer Kaarte bis hin zum Modell vun mënschleche Skelett oder dem Terrarium an der Biologie. Et schéngt, datt déi elektronesch Medie bei der Preparatioun vun de Coursen doheem ëmmer méi heefeg agesat ginn.

ad 5. Mir verweisen hei op d'Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 5505; d'Regierung ass der Meinung, datt den aktuelle steierleche Kader kloer, gerecht a kohärent ass. Et ass duerfir net ugeduecht, déi steierlech Dispositiounen ze änneren.

**Question 5842** (01.03.2022) de **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** concernant **l'âge effectif des départs à la retraite** :

Dans l'intérêt de la pérennité de notre système des pensions, l'un des buts déclarés de la réforme des pensions de 2012 était de rapprocher l'âge effectif du départ à la retraite de l'âge légal fixé à 65 ans.

- J'aimerais dès lors savoir de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale comment l'âge effectif des départs à la retraite à évolué depuis la réforme des pensions.

- Quelles sont les mesures positives pour favoriser le maintien en activité des travailleurs plus âgés qui se sont avérées les plus prometteuses ?

- Quels progrès ont été réalisés concernant les offres en matière de retraites et d'activités professionnelles partielles ?

- Combien de salariés continuent à exercer une activité partielle après leur départ à la retraite ?

- Quel est le nombre d'assurés qui exercent une activité professionnelle complète après l'âge de 65 ans qui leur permet de cumuler retraite et salaire sans disposition anticumul ?

**Réponse** (02.05.2022) de **M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale** :

Comme il est précisé dans la section 6.1 du chapitre 2 du Bilan technique du régime général d'assurance pension 2022<sup>4</sup>, l'âge moyen de départ en retraite varie en fonction des catégories de pensions retenues.

Pour l'ensemble des pensions personnelles, c'est-à-dire les pensions de vieillesse et les pensions d'invalidité, l'âge moyen au moment de l'attribution a augmenté de façon soutenue et régulière sur les 20 dernières années. L'importance des pensions d'invalidité sur cette évolution ne peut pas être niée. En effet, environ un quart des pensions personnelles attribuées en 2000 étaient des pensions d'invalidité, alors qu'elles ne représentent plus que 11 % des pensions nouvelles en 2020.

L'âge moyen au moment de l'attribution d'une pension de vieillesse a évolué de manière plus constante. Entre 2000 et 2010 une tendance dégressive est observée. Au début du millénaire quasiment la moitié des pensions de vieillesse attribuées étaient des pensions de vieillesse à partir de 65 ans. En 2020, ces pensions représentent 29 % des nouvelles pensions de vieillesse.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

L'âge de départ moyen en cas de pensions de vieillesse anticipées semble se stabiliser autour de 60 ans. Même si depuis 2013, l'âge de départ moyen semble augmenter légèrement, il semble prématuré d'interpréter cette tendance comme un premier effet des mesures de la réforme de 2012 visant à encourager les assurés à prolonger leur carrière active.

Comme il est précisé dans la section 6.2 du chapitre 2 du Bilan technique, la réforme de 2012 a allégé les conditions de combiner une pension avec une activité professionnelle. Ainsi, avant 2013 un bénéficiaire d'une pension de vieillesse anticipée exerçant une activité salariée avec un revenu supérieur à un tiers du salaire social minimum, se voyait d'office confronté à une réduction de la pension d'au moins de la moitié.

Depuis 2013, il est désormais possible de combiner, sans réduction, une pension de vieillesse anticipée avec un salaire jusqu'au plafond de la moyenne des cinq revenus annuels les plus élevés, mais au moins jusqu'à 150 % du montant de référence prévu par la loi. Au 1<sup>er</sup> janvier 2022 cette limite est de 3.309 EUR.

Aucune réduction n'est prévue pour les activités salariées insignifiantes. Il en est de même pour les activités professionnelles combinées avec des pensions de vieillesse au-delà de 65 ans.

Depuis 2012 le nombre de personnes combinant une pension de vieillesse anticipée avec une activité professionnelle a plus que doublé. 2.111 personnes sont identifiées en 2020, soit 8,2 % des pensionnés de moins de 65 ans, contre seulement 5,3 % en 2012.

Si en 2012 encore 93 % de ces pensionnés exerçaient une activité insignifiante, ce taux est passé à

54 % en 2020. Dans 10 % des cas une réduction partielle ou complète du montant de la pension est opérée, et 36 %, soit 1.202 bénéficiaires, tombent dans l'application des nouveaux plafonds.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

À partir de l'âge de 65 ans le bénéficiaire d'une pension de vieillesse peut exercer une activité professionnelle sans limite et sans réduction ou annulation du montant de la pension.

Depuis 2012, le nombre de bénéficiaires d'une pension âgés de plus de 65 ans combinant la pension avec une activité professionnelle a presque doublé et atteint 3.312 cas en 2020. Leur part parmi le total des bénéficiaires d'une pension de vieillesse varie entre 2 % et 3 %.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Le détail peut être consulté dans le Bilan technique 2022 présenté le 26 avril 2022 et disponible sur le site Internet du Ministère de la Sécurité sociale :

[https://mss.gouvernement.lu/fr/actualites/gouvernement%2Bfr%2Bactualites%2Btoutes\\_actualites%2Bcommuniques%2B2022%2B04-avril%2B26-haagen-pensions.html](https://mss.gouvernement.lu/fr/actualites/gouvernement%2Bfr%2Bactualites%2Btoutes_actualites%2Bcommuniques%2B2022%2B04-avril%2B26-haagen-pensions.html)

**Question 5847** (02.03.2022) de **M. Marc Goergen (Piraten)** concernant le **projet COFRID** :

Am Aktivitéitsbericht vun 2015 vum CTIE ass vum Projet „COFRID“ rieds an dozou krut ee follgend Informatiounen:

Le projet COFRID s'inscrit dans le projet de refonte de l'application COREC de l'Administration des contributions directes qui consiste dans la réécriture de l'application COREC existante afin de l'adapter aux nouvelles technologies et en même temps l'adapter aux nouveaux besoins des utilisateurs. Une soumission a été faite portant sur un marché qui comporte l'analyse des exigences et des écarts par rapport à SAP et qui aboutira sur un cahier de charge ainsi qu'un document d'architecture en vue de faire une implémentation de la première partie du projet COFRID, à savoir les volets signalétiques, recette et dossier électronique.

Weider fënnt een awer keng Rapporten doriwwer, wéi et mam Projet COFRID weidergaangen ass.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir Digitalisatioun a fir Finanzen dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen bei der Steierverwaltung hunn um Projet COFRID matgeschafft?

2. Wat waren d'Gesamtkäschte vum Projet? Wéi vill Sue goufe fir Analysen, Etüden a Consulting ausginn? Wéi eng Firmen hunn um Projet matgeschafft?

3. Gouf de Projet COFRID ofgeschloss?

Falls nee, u wéi engen Alternative gëtt zurzäit geschafft, fir an Zukunft een automatiséiert Steierinstrument anzeféieren, a wéi eng weider Ausgabe si fir Analysen, Etüden a Consulting geplangt?

**Réponse commune** (12.04.2022) de **M. Marc Hansen, Ministre délégué à la Digitalisation**, et de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** :

Den honorabelen Deputéierte verweist op de Projet COFRID, deen am Aktivitéitsbericht vun 2015 vum CTIE erwäant ass.

Et sief fir d'éischt drop higewisen, dass den Hauptinformatiksystem vun der Steierverwaltung ronn 50 Joer al ass. En ass reegelméisseg adaptéiert an erweidert ginn, ouni awer dass de System fundamental iwwerduecht ginn ass.

An deem Kontext ass de Projet COFRID an d'Liewe geruff ginn, fir de System technologesch a funktionell ze moderniséieren. An Tëschenzäit ass den technologesche Volet vun der Moderniséierung ofgeschloss ginn. Vun 2015 bis 2018 sinn esou insgesamt bal 10 Milliounen Euro an de Projet COFRID investéiert ginn.

2019 ass de Projet COFRID als Gesamtprojet duerch eng Rei eenzel Projeten ersat ginn, déi parallel a méi onofhängeg vuneneen kënnen réaliséiert ginn, dëst fir eng méi effikass Gestéioun vun de verschiddenen Deeler vum Projet COFRID ze erlaben.

D'Ëmfeld vun der Steierverwaltung, national an awer virun allem och international, ännert sech esou séier, dass d'Steierverwaltung seng funktionell Prioritéite permanent muss op de Leescht huelen. D'Digitalisatioun vun der Verwaltung ass deemno e kontinuierleche Prozess. Eng Rei Demarchë sinn an Tëschenzäit, notamment op MyGuichet.lu en place gesat ginn. Dat ass z. B. de Fall fir d'Lounsteierdeklaratioun vun den Employeuren, déi obligatoresch elektronesch Steiererklärung

<sup>4</sup> Bilan technique 2022 : <https://gouvernement.lu/dam-assets/documents/actualites/2022/04-avril/26-haagen-pensions/bilan-technique-pensions-2022.pdf>





fir Betriber, déi optional elektronesch Steiererkklärung fir physisch Persounen oder och nach déi elektronesch pluriannuell Steuerkaarten. Aner Projekte wäerten natierlech nach kommen oder si schonn um lafen a wäerten an den nächste Méint a Joren, deels progressiv, ëmgesat ginn, sou z. B. e System fir déi elektronesch Gestiouen vun den Dokumenter oder e System, deem d'Riskoanalys wäert supportéieren.

Déi respektiv Projekte ginn an Zesummenaarbecht tëscht dem CTIE an der Steierverwaltung gemaach a béid Verwaltungen setzen dofir Leit zur Verfügung, déi dann och vun externe Firmen ënnerstëtzt ginn. Wéi vill dat der sinn, hänkt vum Projet, mee och vun der jeeweileger Phas vum Projet of a kann entweder eng méi laang Affektatioun oder gréisser Missioun sinn, oder eng éischter punktuell Affektatioun oder Missioun sinn.

Vun 2019 bis 2021 huet de CTIE insgesamt 7,5 Milliounen Euro an déi divers Projeten vun der Steierverwaltung investéiert. Dëst beinhaltet souwuel d'Weiderentwécklung vu besteende Systemer wéi och déi uewe genannten nei Entwécklungen.

**Question 5853** (02.03.2022) de **Mme Josée Lorsché** et **M. Marc Hansen** (*déi gréng*) concernant la **campagne de vaccination contre la Covid-19** :

En janvier, la Chambre des Députés s'est prononcée en faveur d'une obligation vaccinale partielle sous condition qu'un groupe de scientifiques indépendants reconnaisse sa nécessité.

Cette obligation vaccinale viserait d'une part à établir un cordon sanitaire au niveau du secteur de santé et des soins, et d'autre part à augmenter l'immunité globale de la population à partir de l'âge de 50 ans afin de faire face à une éventuelle nouvelle vague en automne-hiver 2022-2023. Dans l'hypothèse où suffisamment de personnes de la tranche d'âge 50+ seraient prêtes à se faire vacciner volontairement dans les mois à venir, l'introduction de l'obligation vaccinale légale pourrait s'avérer superflue.

Dans ce contexte, nous voudrions avoir les renseignements suivants de la part de Madame la Ministre de la Santé :

1) Madame la Ministre compte-t-elle démarcher les résident-e-s 50+ non vacciné-e-s de manière ciblée pour les inviter à se faire vacciner ?

2) Dans l'affirmative, par quels moyens les personnes concernées seront-elles contactées (courrier, téléphone, contact direct, etc.) ?

3) Est-ce que des coopérations avec des multiplicateurs en contact avec les populations exclues des flux de communication, en raison des barrières linguistiques, culturelles et autres, sont envisagées (influenceurs, fédérations sportives, associations culturelles, communes, assistants sociaux, cultes ...) ?

4) Ne serait-il pas utile d'avoir d'ores et déjà connaissance des personnes qui ne sont pas vaccinées dans le but de les contacter de façon ciblée avant une éventuelle introduction de l'obligation de vaccination légale en question ?

5) Le cas échéant et conformément au GDPR, Madame la Ministre préconise-t-elle la modification des articles relatifs au traitement des données à caractère personnel de la loi Covid afin de pouvoir identifier les personnes qui ne sont pas encore vaccinées ?

**Réponse commune** (05.04.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État* :

ad 1) Depuis le début de la campagne de vaccination, le Ministère et la Santé a développé une série de campagnes de communication ciblées, avec un accent particulier fin 2021 sur la population vulnérable et les personnes âgées de 50+ non-vaccinées. Les résidents 50+ non vaccinés ont donc déjà fait l'objet d'une communication ciblée.

Avec la levée de la majorité des mesures sanitaires et la mise en place de la nouvelle helpline au CHL pour les personnes non-vaccinées, une nouvelle campagne de communication ciblant expressément les personnes non vaccinées, et par conséquent aussi celles de plus de 50 ans, vient d'être développée et lancée.

Il n'est pas exclu que, dans l'hypothèse où un projet de loi relative à l'obligation vaccinale serait adopté, une nouvelle campagne de communication visant le public cible serait lancée.

ad 2) Les moyens pour atteindre le public cible lors d'une prochaine campagne de communication dépendront essentiellement de l'enjeu de la campagne de vaccination et du public que celle-ci est censée atteindre.

De manière générale, comme pour les campagnes de communication ciblées précédentes, la population est toujours ciblée via les médias traditionnels

et les médias sociaux, voire via un courrier individualisé. Pour chaque campagne, une analyse du groupe cible est effectuée afin de pouvoir définir les moyens les plus appropriés pour atteindre ce groupe cible. Si une nouvelle campagne de communication était lancée, il sera fait recours aux moyens les plus appropriés pour atteindre le public cible.

ad 3) La collaboration avec des parties prenantes issues de différents secteurs sociaux, culturels et professionnels a été un élément clé depuis le début de la campagne de vaccination, comme l'ont montré les collaborations fructueuses avec les syndicats, le patronat, les cultes, les communes et des associations telles que le Comité de liaison des associations d'étrangers.

Afin de pouvoir tenir compte de la diversité linguistique de la société luxembourgeoise, les actions de communication ont toujours été rédigées en cinq langues au moins, à savoir le luxembourgeois, l'allemand, le français, l'anglais et le portugais. En outre, une grande partie de la communication a également été traduite en arabe, tigrinya, espagnol, russe, albanais, serbe, croate, bosniaque et turc en collaboration avec l'Office national de l'accueil (ONA).

Le Ministère de la Santé continuera à s'appuyer sur ces collaborations et à s'adapter aux besoins et aux défis de la pandémie.

ad 4) Dans l'hypothèse où un projet de loi introduisant une obligation vaccinale pour les personnes âgées de plus de 50 ans serait adopté par la Chambre des Députés, il va de soi qu'une communication se ferait afin d'attirer l'attention des personnes concernées sur cette nouvelle obligation. Les modalités d'une telle communication seront définies le moment venu.

ad 5) Dans l'hypothèse de l'introduction d'une obligation vaccinale pour les personnes âgées de plus de 50 ans, les obligations en matière de RGDP seront bien sûr prises en compte que ce soit dans le cadre de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ou dans celui d'une loi autonome.

**Question 5854** (02.03.2022) de **M. Gusty Graas** (*DP*) concernant l'**engrais biologique** :

An der Schwäiz huet e Bauer eng nei Aart a Weis fonnt, fir mat Wierm biologeschen Dünger hierzustellen. Dobäi léisst en a sengem Wuermstall Koumëscht op engem Mëschtstäck verrotten a verfiddert en uschléissend u seng Wierm. Esou entsteet en nährstoffräichen Humus, dee vill aktiv Mikroorganismen a Pilzer enthält an och besonnesch waasserspäichernt ass. Dëse Biodünger soll de Vitaminn-C-Gehalt bei Geméis erhéijen an d'Rouse méi resistent géint Blatlais maachen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Wéi ass d'Meenung vun de Ministeren zu esou engem Biodünger?

2. Ass dem Ministère bekannt, ob och schonn zu Lëtzebuerg esou e Biodünger mat Wierm hiergestallt gëtt?

3. Falls ee Bauer interesséiert wier esou e Wuermstall operiichten fir Biodünger hierzustellen, wat fir Geneemegungsprozedure missten do applizéiert ginn?

**Réponse commune** (12.04.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural* :

ad 1. Générell sief gesot, datt et Wierm ginn, déi biologeschen Dünger hierstellen. Mee net all Wierm si kapabel dës Zort Dünger ze maachen. Nëmme verschidden « épigés »<sup>5</sup> Wierm (z. B. vun der Gattung Eisenia sp., wéi Eisenia foetida) kënnen dat maachen. Déi Wierm liewen an der Natur an organeschem Milieu (z. B. Mëschtekou, Bëschhumus ...) an ernäre sech vun doudegem organeschem Material dat se do fannen. D'Wierm zersetzen direkt d'organesch Materialie bei der Verdauung an och indirekt andeem si d'mikrobiologesch Aktivitéit (Pilzen a Bakterien) urregen. Dank dëser Zersetzung vum organesche Material, ginn d'Nährstoffe, déi am Ursprungsmaterial sinn no an no disponibel fir Planze gemaach. Duerch d'Zersetzung entsteet aus deene Materialien e stabelen Humus mat villen Nährstoffe.

D'Vermi-Kompostéierung (Vermicompostage oder Lombricompostage op Franséisch) ass eng Technik, déi d'épigés Wierm notzen, fir organesch Materialien ze zersetzen, fir se als Dünger weiderzverschaffen. Dës Technik ass no un der classescher

Kompostéierungstechnik, mee si huet keng thermesch Phas a brauch adaptéiert Wierm (déi classesch Kompostéierung brauch keng Wierm). D'Vermi-Kompostéierung ass en natierlecht Verfahren, dat de Mënsch optimiséiert huet, fir déi beschte Liebensbedingunge fir d'Wierm ze schafen (Temperatur: 15-25 °C; héich Fiichtegkeet: 75-85 %; pH: 6,5-8).

De Vermi-Kompost besteet haaptsächlech aus stabelen organesche Materialien (Humus), mat villen Nährstoffe a ville Mikroorganismen (Pilzen a Bakterien). E gudde Vermi-Kompost ass en éischtklassigen Dünger fir Planzen, deem och an der biologescher Landwirtschaft benotzt kéint ginn.

Awer d'Propriétéite vum Vermi-Kompost als organeschen Dünger sinn nach relativ onbekannt an hänke vun de benotzten organesche Materialien of. Et ass awer unzehuelen, datt:

- de Vermi-Kompost eng gläichwäerteg oder souguer eng méi staark Dungkraaft wéi aner organesch Düngeren (z. B. Mëscht, Kompost, Klärschlamm ...) huet;
- seng Verwendung d'Planzequalitéit an d'Planzege-sondheet verbessert: d'Planze kéinten sech da besser géint Schädlinge behaapten (z. B. Blatlais) a méi Sekundärmetabolitte wéi Vitaminn-C produzéieren (dëst ass awer nach net wëssenschaftlech nogewisen);
- den organesche Kuestoff, deem am Vermi-Kompost ass, méi stabil ass, wéi a frëschene Düngeren (z. B. Mëscht). Dat kéint gënschteg sinn - wéi beim classesche Kompost -, fir d'organesch Kuestoffstocken am Buedem ze erhéijen;
- de Vermi-Kompost, well en ouni thermesch Phas ofleet, eng gréisser Biodiversitéit vun der Mikroflora am Kompost opweist ewéi den traditionelle Kompost, wat kéint gënschteg si fir d'Biodiversitéit am gedüngte Buedem.

Well de Vermi-Kompost keng thermesch Phas duerchleeft, ass en net hygieniséiert a kann doduercher geféierlech (z. B. Presenz vun Erreeger) fir d'Gesondheet vu Mënsch an Déier, déi dem Produkt ausgesat sinn, sinn. Dofir ass et wichteg, de Vermi-Kompost, ewéi all anere Kompost och, viru senger Verwendung ze iwwerprüewen. Dat ass zemoools wichteg, fir den Ubau vun Uebst a Geméis, dat ee ka réi iessen.

Wéi déi aner organesch Düngeren, kann de Vermi-Kompost och Schadstoffe wéi Schwéiermetaller enthalen, also muss och dësen Aspekt iwwerprüeft ginn.

Fir datt esou en organeschen Dünger als Produkt fir de Maart kann zougelooss ginn, ginn et zwou Méiglechkeeten:

- entweder den Dünger passt an eis national Gesetzgebung, wat de Règlement grand-ducal modifié du 14 mai 1992 relativ au commerce des engrais et des amendements du sol ass. Hei ass d'Annex VI Amendements organique du sol zoutreffend an de Produit hätt d'Denominatioun « Amendement organique mélangé » oder « Amendement organique mélangé riche en matières organiques » wann op d'mannst 22 % Matières organiques dran enthalte sinn oder;
- et muss ee waarden, bis dat neit EU-Règlement iwwert den Dünger, de Règlement (UE) 2019/1009 du Parlement européen et du Conseil du 5 juin 2019 établissant les règles relatives à la mise à disposition sur le marché des fertilisants UE, modifiant les règlements (CE) n° 1069/2009 et (CE) n° 1107/2009 et abrogeant le règlement (CE) n° 2003/2003, de 16 Juli 2022 a Kraaft trëtt. Och hei muss den Dünger an eng vun den « Catégories fonctionnelles de produits (PFC) » passen, an dësem Fall wär dat ‚PFC 1.A Engrais organique‘.

Fir datt deem Dünger no senger Zouloossung a vu senger Zesummesetzung hier kann am Biolandbau genotzt ginn, muss en dann nach vun enger unerkannter Biokontrollstell als am Biolandbau asetzbar approvéiert ginn, da kann dat och op d'Verpäckung an z. B. op d'Promotionsmaterial stoe kommen. Dono kënnen da Biogärtner a Biobauern dësen Dünger asetzen, wann et op hire Stécker néideg ass.

Beim Ausbrénge vum Dünger müssen d'Dispositione vum Règlement grand-ducal du 24 novembre 2000 concernant l'utilisation de fertilisants azotés dans l'agriculture agehale ginn. Dëse gëtt am Moment iwwerschafft fir ë. a. de Besoine vun der europäescher Nitratrektive an den Ziler fir Lëtzebuerg betreffend d'Emission vum Luftschadstoff ugepasst ze ginn.

Onofhängeg vum Notze vum Dünger muss een och d'Aspekter, déi seng Produktioun begleeten, considéieren, fir kënnen eng belasschtbar Ausso ze maachen, ob d'Produktioun vu sou engem Dünger net unerwënscht Ëmweltimpakter huet, wéi z. B. d'Fräisetze vun Treibhausgasen. Eng konkreet Ausso dozou ass hei net méiglech, well sou Donnéeën net virleien.

ad 2. Der Ëmweltverwaltung ass keng Anlag am Land bekannt, an där duerch Vermi-Kompostage Dünger produzéiert gëtt.

ad 3. Eng Kompostéierung vun organeschem Material ënnerläit der Commodo-Gesetzgebung (loi modifié du 10 juin 1999 relative aux établissements classés). Esou ass eng professionnell Kompostéierung no der Commodo-Nomenklatur (règlement grand-ducal modifié du 10 mai 2012 portant nouvelles nomenclature et classification des établissements classes) eng Classe 4 wann se eng Kapazität vu manner wéi 1 Tonn den Dag huet, eng Classe 3 wann se eng Kapazität vun méi wéi 1 Tonn bis 15 Tonnen huet an eng Classe 1 wann se eng Kapazität vu 15 t huet. Des Weidere kéinten natierlech nach aner Geneemegungen (Waasser, Naturschutz) néideg sinn, jee nodeems, wou déi Anlag opgeriicht soll ginn oder jee nodeems, wat fir e Material agesat gëtt.

Déi benotzte Wierm müssen natierlech eenheemesch Zorte sinn, fir dass keng net-heemesch Aarten zu Lëtzebuerg ageschleeft géinge ginn, déi fir eisen Ekosystem ee Problem kéinte ginn.

Natierlech kënnen och nach aner Autorisatiounen um Niveau vun der Infrastruktur an dem Bau néideg sinn.

**Question 5862** (03.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant la **programmation du Luxfilmfest** :

Am Artikel „De LuxFilmFest huet d'Nidderlag vun der Kultur proklaméiert“, deem den 3. Mäerz um Site vum Radio 100Komma7 publizéiert gouf, heescht et, datt d'Organisateure vum LuxFilmFest opgrond vun der Ukrainkris an Ofsprooch mat der Regierung an der Stad Lëtzebuerg decidéiert hätten, sämtlech russesch Filmer aus hirem Programm ze sträichen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung matdeelen, ob a wéi wäit si an dëser Fro Drock op d'Organisateure vum LuxFilmFest ausgeübt huet? Kann d'Regierung elaboréieren, wéi wäit si d'Vereenbarkeet vun dëser Decisioun mat der verfassungsméisseg garantéierter Fräiheet vun der Konscht a Kultur beurteelt?

2. Kann d'Regierung matdeelen, wéi si zu der Fro vun der politescher Kollektivschuld steet an a wéi wäit si et rechtsstaatlech fir vertrieubar hält, Acteure vun der Zivilgesellschaft fir politesch Decisiounen vun auslännesche Regierungen ze bestrofen?

3. Kann d'Regierung elaboréieren, wéi wäit dës Decisioun no hirer Analys dozou bäidréit, d'Ukrainkris op diplomateschem Wee ze léisen, besonnesch och wat d'Zensur vu Kannerfilmer ugeet?

4. Wéi ass dës Moosssnam vun der Regierung mam Verfassungsverbuet vun der Zensur kompatibel?

**Réponse commune** (04.04.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

D'Decisioun, déi russesch Filmer aus der Programmatioun vum Luxembourg City Film Festival eraus ze huelen ass als e Geste vu Solidaritéit mat der ukrainescher Filmakademie ze deiten, déi esou eng Demande un all Festivaler an Europa gestallt hat. Déi Decisioun ass net vun uewen erof, mee am Dialog tëscht dem Verwaltungsrout vum Festival an deenen zwee politesche Responsabelen, der Stad Lëtzebuerg an der Regierung, geholl ginn. Déi russesch Kultur ass duerchhaus op anere Plazen an zu anere Geleeënheeten zu Lëtzebuerg zougänglech, denke mer z. B. nëmmen un d'Literatur an de Bibliothéiken oder Theaterstécker a Concerten op verschiddene Bühnen am Land, an dat soll och esou bleiwen.

**Question 5863** (03.03.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant les **centres d'accueil pour femmes en détresse** :

Et liest een am Virfeld vum Weltfraendag (8.3) op ville Plazen an der Press, datt d'Wunnengsnout hei am Land zwar a priori jiddereen treffe kann, mee datt Fraen dovun méi betraffe wiere wéi Männer. Et gëtt och oft een Zesammenhang tëscht der Wunnengsnout an den angeblech iwwerfëllte Fraenhäuser etabléiert (cf. Artikel „Viele Ungleichheiten haben Bestand“ am Télécran vum 2.3.2022). Vill Fraen, déi vun hirem Partner mëssshandelt goufen, wieren zugläich vun him finanziell ofhängeg a missten dofir soulaang an engem Fraenhaus bleiwen, bis si eng nei Wunneng fonnt hätten, wat awer fir si extrem schwierig wier, well d'Wunnengspräisser an deene leschte Joren däitlech an d'Luucht gaange sinn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Gläichstellungsministesch:

1. Wéi vill Frae liewen am Ablack zu Lëtzebuerg an engem Fraenhaus?

2. Wéi laang dauert, statistesch gesinn, den Openthalt vun enger Fra an engem Fraenhaus? Wat ass also d'Durée moyenne d'occupation?

<sup>5</sup> D'épigés Wierm sinn d'Wierm, déi liewen nëmmen un der Uewerfläch vum Buedem. Si ginn ni an d'Déift vum Buedem.





3. Ginn et Statistiken doriwwer, wéi vill vun dese Fraen no hirem Openthalt eng nei Wunneng fannen, a wéi vill der zréck op hir al Adress wunne ginn?

4. A wéi enger Form hëlleft de Staat dese Fraen, eng nei Wunneng ze fannen?

5. Geet d'Madamm Minister dervun aus, datt et am Hibleck op d'Wunnengsnout hei am Land eng Donkelziffer vu Frae gëtt, déi just aus deem Grond a Fraenhaiser wunnen, well se sech keng Wunneng leeschte kënnen?

**Réponse** (21.04.2022) de **Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes** :

Haislech Gewalt bleift eng alldeeglech Realitéit zu Lëtzebuerg, se betrëfft all gesellschaftlech Schichten an all d'Communautéiten déi bei eis am Land wunnen.

Dofir schafft de Ministère fir Gläichstellung tëscht Fraen a Männer (MEGA) zesumme mat eise sëllege Partner um Terrain, fir souwuel den Affer wéi och den Täter an hire Kanner déi Hëllef ze bidden, déi si brauchen an déi hinnen zousteet.

Niewent dem Afferschutz, der Täteraarbecht, de Präventiouns- a Sensibiliséierungsmoosnamen ass d'Bereetstellung vun engem temporären Ennerdaach fir Affer, souwuel fir Fraen awer och fir Männer, vun haislecher Gewalt e weideren essenzielle Piler vun der multidimensionaler Approche vum MEGA.

Nëmmen duerch eng professionell psychosozial Prise en Charge an d'Bereetstellung vun engem séchere Liewensraum, kënnen Affer vu Gewalt deen néidegen Ofstand kréien, fir un engem neie „Projet de vie“ ze schaffen an sech eng Zukunftsperspektiv fir sech, an eventuell och hir Kanner, opzebauen.

Dës Approche huet eng ganz kloer Zilsetzung: Fraen a Männer, déi Gewalt erlieft hunn ze stäerken an hinne bei hiren administrativen Demarchen zur Säit ze stoën, fir si op en autonomt Liewen ausserhalb vun eise Strukture virzebereeden.

An enker Ofstëmmung mat eise Gestionnaires huet de MEGA iwwert déi lescht Joren eng ganz breet Offer geschaaft fir Fraen en Ennerdaach unzebidden. Niewent de classesche Fraenhaiser, wou Fraen niewent dem Logement och vun engem psychosozialen Encadrement an enger Ennerstëtzung an hiren administrativen Demarchë profitéieren, geréieren eis Gestionnaire sougenannten „Zweetphas Wunnengen“, déi Fraen no engem temporären Openthalt an engem Fraenhaus rëm e méi autonomt Liewen erméiglechen. D'Zilsetzung vun dëser Approche ass ganz kloer d'Fraen zeréck an e selbststänneg Liewen ze begleeden.

Fir méi prezis Zuelen par rapport zu der Unzuel vun de Better an der Prise en charge vun Affer vun haislecher Gewalt, verweisen ech op meng Äntwert op d'Question parlementaire N° 5800.

**Question 5864** (03.03.2022) de **Mme Martine Hansen (CSV)** concernant l'université populaire :

Zanter 2021 regroupéiert d'„Université populaire“ enner hirem Daach Annexe vun den dräi groussen Acteure vum Lifelong Learning: de „Service de la formation des adultes“ (SFA), de „Centre national de formation professionnelle continue“ (CNFPC) an den „Institut national des langues“ (INL). D'Zil vun dëser sougenannter Vollekshéichschoul ass et, all effentlech Acteure vum liewenslaange Léieren zesummenzebréngen an esou eng Panoplie vu Konferenzen, Ateliers a Coursen op verschiddene Plazen am Land unzebidden, aktuell zu Belval an um Kierchbiërg, an deemnächst och - laut engem Zeitungsartikel - zu Bouneweg an zu Ettelbréck.

An deem Kontext wëilt ech folgend Froen un den Här Educationnsminister stellen:

1. Wéi eng Servicer gehéieren nieft deenen uewe genannten Acteure vum Lifelong Learning nach zu der „Université populaire“?

2. Wéi eng Bildungsoffer bitt d'„Université populaire“ zu Belval respektiv um Kierchbiërg am Konkreten un?

3. Wéi eng Offer ass fir déi geplangten zousätzlech Annexen Ettelbréck an zu Bouneweg geplangt?

4. Gëtt et ënnerschiddlech Offeren op deene respektive Standuerter? - Wa jo, op Basis vu wéi enge Critères ass d'Offer définéiert ginn?

5. Gëtt et doriwwer eraus nach Pläng fir weider Standuerter an anere Regiounen vum Land?

**Réponse** (25.04.2022) de **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** :

ad 1. D'Université populaire regroupéiert all déi effentlech Acteure vum Educationnsministère, déi am Lifelong Learning tätég sinn. Dat sinn:

- de Service de la formation des adultes;

- de Service de la formation professionnelle mat dem Centre national de formation professionnelle continue;

- den Institut national des langues;

- d'École nationale pour adultes.

ad 2. D'Grondbildung fir Erwuessener gëtt op den zwee Sitten, Belval a Kierchbiërg, ugebueden an awer och a verschiddene Lycéeën iwwert d'ganz Land. Dës Coursë riichten sech u Leit, déi wëlle besser liesen a schreiwën Léieren, oder hir Grondkompetenzen ausbauen am Rechnen respektiv am Digitalen. Dat selwecht zielt fir Coursen, déi sech speziell un DPI/BPI riichten.

Op deenen zwee Sitte ginn och Klasse vum zweete Bildungswee ugebuede fir Leit, déi wëllen hir Secondaireeschoul nohuelen. D'Voie de préparation fir Erwuessener gëtt am Moment just um Kierchbiërg ugebueden. Et ass awer virgesinn, d'nächst Joer och Klassen um Belval ze organiséieren.

De ganze Volet vun der allgemenger Formation an deene verschiddene Beräicher gëtt an enger éischer Phas elo um Belval ausgebaut an dann no an op déi aner Sitten ausgeweit. Wat d'Sproochen ublaangt, bitt den INL um Belval Däitsch, Englesch, Franséisch, Lëtzebuergesch a Spuenesch un.

Déi allgemeng Offer ass a folgend siwen Domainen opgedeelt, déi mir jeeweils mat e puer Beispiller illustréieren:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

D'Zil ass, d'Offere vun der Grondbildung a vum zweete Bildungswee esou gutt ewéi méiglech, an a Funktioun vun der Demande regional ofzedecken.

Wat déi allgemeng Formationen wéi z. B. d'Landesproche betrëfft, wäert et eng generell Offer ginn, déi allgemeng interessant ass, an dann awer och Offeren, déi spezifesch fir déi jeeweileg Regioun vum Site wäerten ugepasst ginn.

ad 3. + 4. D'Standuerter Bouneweg an Ettelbréck sinn a Planung. Des Weidere soll um Kierchbiërg en neit Gebai entstoen, wou SFA an ENAD zesumme vertrauede sinn, fir do all Synergien am Beräich vum zweete Bildungswee ze erschleissen. D'Objektiver vun de Standuerter vun der Université populaire an deene verschiddene Regiounen sinn:

- Visibilitéit vun der Offer an der Regioun;

- lokal Ulaftell fir erwuesse Leit, déi sech wëlle weiderbilden;

- regional Koordinationen vun der Offer;

- regionalen Développement vun der Offer;

- regional Promotiounen vun der Offer.

ad 5. Et ass virgesinn, a verschiddene Regiounen weiderhi méi enk mat de Lycéeën zesummenzeschaffen an déi als Site vun der Université populaire auszuweisen. Dëst gëllt och fir kommunal Strukturen.

**Question 5865** (03.03.2022) de **M. Fred Keup (ADR)** concernant le musée de la police :

Spéitstens am September muss déi polizeihistoresch Sammlung vum Policemusée dat historescht Gebai um Verluerekascht verloossen. D'Policemusée ASBL krut zougeséichert, datt en Deel vun dëser Sammlung am Keller vum Kulturzentrum zu Capellen enner Daach komme wäert. Allerdéngs héchstwahrscheinlech just fir fénnef oder sechs Joer. Dono wëll d'Gemeng Mamer déi entspreichend Ausstellungsfläch erëm fir aner Zwecker benotzen. Een aneren Deel vun der polizeihistorescher Sammlung wäert viraussichtlech an enger Logistikhall vun der Police een neit Ennerdaach fannen, allerdéngs, sou wéi et ausgesäit, och just provisoresch. Wat dono mat dësen Ausstellungsstécker geschitt, ass ongewëss.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

1. Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt all d'Ausstellungsstécker vun der polizeihistorescher Sammlung een neit Ennerdaach op deenen zwou genannte Plaze fanne wäerten, an datt dës Léisung just provisoresch ass? Wann net: Wat geschitt mat deenen Ausstellungsstécker, déi net kënnen ennerbruecht ginn?

2. Kann d'Madamm Minister bestätegen, datt d'Ausstellungsstécker just provisoresch op deenen zwou Plazen ennerbruecht ginn?

3. Ass d'Regierung drun interesséiert, déi an Zukunft „opgespléckte“ Sammlung iergendwann erëm op enger Plaz zesummenzeféieren?

**Réponse commune** (12.04.2022) de **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure**, et de **Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture** :

ad 1. Weeder d'Lokalitéite vum „Musée international d'effets de Gendarmerie et Police“ zu Capellen nach déi genannten Hal vun der Police zu Beringen erméiglechen et, sämtlech Ausstellungsstécker, an

notamment de Charroi vum Musée, ennerzebréngen. Deemno ass fir e gewëssenen Deel vun der Kollektioun vun der Musée ASBL aktuell nach keng Léisung fonnt ginn.

ad 2. D'Iwwergangsléisung op der Cap gëtt benotzt, fir dem Policemusée et kuerzfristeg ze erlaben d'Effentlechkeet erëm ze empfänken. No enger laangfristeger Léisung gëtt nach gesicht. Aktuell gëtt analyséiert ob et méiglech ass, de Policemusée um Site vun der neier Policeschoul ennerzebréngen.

ad 3. Et ass vill dru geleeën, eng dauerhaft an attraktiv Plaz fir d'Ausstellung vum Policemusée ze fannen, fir Objeten oder Policegefiere vu fréier auszestellen, mee deen ë. a. och pedagogesch a präventiv Missiounen soll erfëllen. Et sief op dëser Plaz och nach emol rappelléiert, datt de Kulturministère de Finanzement vun engem neie museologesche Konzept fir en zukünftege „Musée de la Police grand-ducale“ mat 37.124,10 EUR iwwert de Programm Neistart Lëtzebuerg - Culture finanzéiert huet.

**Question 5868** (04.03.2022) de **M. Marc Goergen (Piraten)** concernant la digitalisation auprès de la Police grand-ducale :

Den informatesche System bei der Police ass bekanntlech net méi ee vun de modernsten. Den aktuelle Policeminister hat den 19. Februar 2021 nach eng Kéier ennerstrach, dass de Fonctionnement vun der Police moderniséiert muss ginn, an huet dozou och véier Pilieren uginn, op deenen dës Modernisatioun opbaue soll.

([https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes\\_actualites/communiqués/2021/02-fevrier/19-kox-police.html](https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/communiqués/2021/02-fevrier/19-kox-police.html)).

Effektiv ass am Communiqué ze liesen:

« Les quatre projets principaux retenus sont la mise en place d'une équipe PMO (project management office) centralisée dont la mission est la promotion du fonctionnement en mode projet pour toute la police ; le système SPExpert, qui prévoit l'introduction d'un programme informatique pour l'établissement des plans de service pour les unités à roulements ; le portail central qui prévoit une seule entrée centralisée dans un environnement de travail transversal où se rencontrent la communication interne, la collaboration et le besoin métier ; et finalement les outils mobiles dont le but est d'équiper les policiers et enquêteurs avec des appareils portables (Digital eXperience Platform). »

E performanten IT-System misst an der Lag sinn, fir Prozeduren an engem zesummenhängende Prozess sécher ze verschaffen, weiderzeleeden an zentral ze späichenen. Déi verschidde mobil Aarbechtsgeräte, mat deenen d'Poliziste musse schaffen, missten an esou engem System interoperabel sinn, fir déi digital Entwécklung vun der effentlecher Sécherheet konstant kënnen weider ze entwéckelen.

An deem Zesummenhang wëilt ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froen stellen:

1. Wéi vill Euro goufen zënter 2018, opgeschlëselt no Joer an no Firma, am Zesummenhang mat der Digitaliséierung vun der Police fir extern Etüden a Consulting-Servicer ausginn?

2. Wéi vill Unitéite kënnen, Stand haut, zu all Moment op eng Tablett oder een anert mobil Geréit zeréckgräifen, fir déi noutwendeg Prozeduren a Schrëftstécker ausserhalb vum Büro fäerdegemaachen (zum Beispill d'Opstelle vun engem Procès-verbal)?

3. Wéi vill Unitéite kënnen, Stand haut, iwwert ee Mobilgeréit op d'Informatiounen vun den Datebanken zougräifen, op déi d'Police am Kader vun hirer Missioun Zougang huet, an dës ausserhalb vun engem Büro an ouni de Funk ze benotzen?

4. Wéi sinn déi mobil Geréiter an der Police verdeelt, opgeschlëselt no Unitéit an Effectif vun der Unitéit?

5. Wat ass de Stand an den Timing vun de Projeten, déi et de Polizisten erméigleche sollen, fir méi effizient ze schaffen, notamment d'Projete POLIS, Portail central, Outils mobiles a GED (Gestion électronique des documents)?

**Réponse** (30.03.2022) de **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure** :

ad 1. D'Digitalisatioun vun der Police gëtt op eng systematesch Manéier ugaangen, fir der Sensibilitéit vun den Date vun der Police Rechnung ze droen an d'Interoperabilitéit vun de Systemer kënnen ze garantéieren. Baséierend op engem Inventar vun den eenzelne Systemer gouf d'Strategie ausgeschafft, déi aktuell implementéiert gëtt. Folgend Frais d'experts sinn am Kader vun der Digitaliséierung gemaach ginn:

- 2018: keng Investissementen;

- 2019: 311.511 €, fir Etüden a Berodung fir d'Strategie an Digitalisatiounsprojeten ëmzesetzen;

- 2020: 1.503.540 €, fir Etüden, Ennerstëtzung bei der Ëmsetzung vun der Strategie (Analysten an As-

sistance maîtrise ouvrage) a fir Prestatiounen, déi mat der Realisatioun vun de Léisungen zesummenhängen;

- 2021: 4.633.756 €, fir Etüden, Ennerstëtzung bei der Ëmsetzung vun der Strategie (Analysten an Assistance maîtrise ouvrage) a fir Prestatiounen, déi mat der Realisatioun vun de Léisungen zesummenhängen.

ad 2. + 3. Stand haut, hunn 2.552 Beamte vun der Police e VPN-Accès a kënnen, enner gewësse Konditiounen, op e Laptop, eng Tablett oder een anert mobil Geréit zeréckgräifen, fir verschidde Prozeduren a Schrëftstécker ausserhalb vum Büro fäerdegemaachen. Allerdéngs ass d'Benotze vun de Systemer nach schwéierfällg an de Projete „Outils mobiles“ gouf lancéiert, fir an der Zukunft d'Benotze vu Systemer op mobilen Apparater méi benotzerfrëndlech ze gestalten. Déi aktuell Applikatiounen waren technesch net fir e mobilen Asaz virgesinn.

ad 4. Insgesamt sinn et 582 Laptoppen an 1.140 Smartphoné mat enger spezieller Sécherheetschicht.

ad 5. De Stand vun dese Projeten ass folgenden:

- POLIS: détailléiert Besoine ginn opgehol, verschidde Variante vun der Léisung ginn evaluéiert. D'Virbereedung vum Marché huet ugefaangen;

- Portail central: de Marché ass gemaach ginn, d'Auswärtung vun den Offeren ass amgaangen;

- Outils mobiles: d'Virbereedung vum Marché huet ugefaangen;

- GED: d'Étude de faisabilité vun der GED am administrative Beräich ass ofgeschloss. De Projet befënnt sech an der Initialisatiounsphas.

**Question 5870** (04.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser (ADR)** concernant la collecte des dons :

Alldeeglech gi Mënschen an der Effentlechkeet oder doheem un der Hausdier vu Spendesammler opgeruff. Och iwwer Online-Déngschter a Broschüre ginn d'Leit reegelméisseg zu Spenden opgeruff. Esou luewenswäert a mënschefrëndlech esou Initiativen och kënnen sinn, muss een awer bedenken, datt leider net all vun dësen Organisatiounen éierlech sinn. Ennert deenen Organisatiounen an Initiativen, déi allgemeng bekannt sinn, sinn der vill, déi net ëmmer bekannt ginn, wat mam Geld geschitt, dat hinne vu Privatleit gespent gëtt.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Finanzminister an un den Här Wirtschaftsminister:

1. Mussen zu Lëtzebuerg Sammlunge vu Geld- an anere Spende bei der Verwaltung ugemellt sinn bzw. offiziell approvéiert sinn?

2. Hunn d'Bierger d'Recht, sech vun de Spendesammler eng offiziell Geneemegung weisen ze loosse? Wa ja, op wat mussen d'Leit an dësem Fall besonnenesch oppassen?

3. Wéi vill Hëlfsorganisatiounen sinn hei am Land offiziell als „d'utilité publique“ unerkannt?

4. Si Wueltätegkeetsveräiner, Stëftungen, Hëlfsorganisatiounen, asw. verflucht, ee Joresbericht virzeleeën, wou genau opgelëscht ass, wat mat de Spende passéiert ass? Wa jo: Muss dee Joresbericht am „Registre de commerce“ publizéiert ginn? Wéi eng Sanktiounen gi géint Verstéiss applizéiert? Sinn an deem Sënn schonns Wueltätegkeetsorganisatiounen verbuede ginn?

5. Gëtt de Staat Richtlinnen oder Recommandatiounen un d'Hëlfsorganisatiounen eraus, wéi vill Prozent vun de Spende fir „de gudden Zweck“ benotzt muss ginn? Wa jo, wéi héich ass dee Prozentsaz?

6. Wéi eng Opläerungsarbecht leescht de Staat am Hibleck op d'Vertrauenswierdegkeet vun zivillgesellschaftlechen Organisatiounen, déi Spende sammelen? Ginn et an deem Kontext Campagnen, déi viru Spende mam Smartphone warnen?

**Réponse commune** (04.04.2022) de **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice**, et de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** :

ad 1. Nom Gesetz vum 18. Dezember 1873 iwwert d'„collectes à domicile“ ass d'Spendesammele bei de Leit doheem verbueden, ausser wann se ausdrécklech vun enger Gemeng, am Fall wou d'Spendesammelen nëmmen an där Gemeng soll gemaach ginn, oder vun der Regierung, wann d'Spendesammelen a méi wéi enger Gemeng soll gemaach ginn, erlaabt gi sinn. Am zweete Fall gëtt déi Autorisatioun vum Justizminister ausgestallt. Et ass wichteg ervirzehiewen, dass dat Gesetz also nëmme fir d'Spendesammele bei de Leit doheem gëllt, an net fir d'Spendesammelen an der Effentlechkeet. Fir Spendesammelen ouni Autorisatioun gesäit dat Gesetz eng Geldstrof vun 251 bis 1.000 Euro an eng Prisongsstrof vun 8 bis 15 Deeg vir.

ad 2. Déi Autorisatiounen, déi vum Justizminister op Basis vun deem Gesetz ausgestallt ginn, gesinn ausdrécklech als Bedingung vir, dass déi Leit, déi d'Spendesammlung duerchféieren, eng Kopie vun





där Autorisatioun musse bei sech hunn. All Bierger kann natierlech verlaangen, fir déi Kopie ze gesinn. Eng Spend soll refuséiert ginn, falls déi Leit, déi d'Spendedammlung maachen, keng Kopie kënnen virweisen, oder wann Zweifel un der Echtheet vun der Autorisatioun bestinn.

ad 3. D'Lëscht vun den Entitéiten, déi op Basis vun engem Gesetz oder op Basis vun engem Arrêté grand-ducal vum Justizminister den „statut d'utilité publique“ uerkannt kruten, gëtt vun der Steiervverwaltung gehalen an kann op hirem Internetsite, ënnert dem follgenden Lien ([https://impotsdirects.public.lu/fr/az/l/libera\\_dons.html](https://impotsdirects.public.lu/fr/az/l/libera_dons.html)) consultéiert ginn. Aktuell hunn 309 Entitéiten dësen Status uerkannt krut, dorënner 167 Stëftungen, 118 ASBLen a 24 „Etablissements publics“. Des Weidere kënnen ASBLen a Stëftungen, déi konform zum modifizéierte Gesetz vum 21. Abrëll 1928 iwwert d'ASBLen an d'Stëftung konstituéiert ginn sinn, ënner bestëmmte Konditiounen en Agrément als Net-staat-lech Entwécklungsorganisatioun („ONGD“) vum Ministère des Affaires étrangères et européennes kréien. D'Lëscht vun dësen ONGDen ass um Site vum MAEE publizéiert. Aktuell ginn et 91 ONGDen.

ad 4. Déi genannten Entitéiten sinn net dozou verpflichtet, e Joresbericht virzeleeën, wou genau opgelëscht ass, ewéi d'Spende benotzt ginn. Allerdéngs musse Stëftungen an ASBLen hir Fongen aleng fir d'Erfëllung vun hirem „objet social“ benotzen.

Laut dem Artikel 34 vum modifizéierte Gesetz vum 21. Abrëll 1928 iwwert d'ASBLen an d'Stëftungen, huet all Stëftung d'Obligatioun dem Justizminister hir Joreskonten an hire Budget bannent zwee Méint nom Ofschloss vum Exercice zoukommen ze loos-sen. D'Joreskonten an de Budget mussen och beim Handelsregëster (RCS) deposéiert ginn a bannent der selwechter Zäit am elektronesche „Recueil des sociétés et associations“ (RESA) publizéiert ginn.

Des Weidere kréien d'Stëftungen an ASBLen, déi hir integral Joreskonten net um RCS deposéiert hunn, keng Autorisatioun vum Justizminister fir en Don oder e „legs“, deen ënnert d'Konditiounen vum Artikel 16, respektiv vum Artikel 36 vum genannte Ge-setz vum 1928 fält, kënnen unzuhuelen.

Laut dem Artikel 41 vum Gesetz vum 1928, kann e Verstooss vun enger Stëftung géint d'Obligatioun d'Konten an de Budget ze deposéieren mat enger gerichtlecher Liquidatioun sanktionéiert ginn. Wann eng Stëftung dës Obligatioun net respek-téiert, huet dëst als Konsequenz, dass d'Stëftung beim Parquet général denoncéiert gëtt.

Fir ASBLen gesäit dat genannte Gesetz vum 1928 am Moment keng ausdrécklech Obligatioun vir, d'Konten an de Budget ze deposéieren.

Allerdéngs muss laut dem Artikel 13 Paragraph 2 an dem Artikel 16 Paragraph 6 vum genannte Ge-setz vum 1928, de Verwaltungsrot vun enger ASBL all Joer der Generalversammlung d'Konte vum ver-gaangene Finanzjoer an de Budget fir dat nächst Fi-nanzjoer virleeën, domat dës kënnen approvouéiert ginn.

Duerch de Gesetzesprojet N° 6054 wäerten an Zu-kunft och ASBLen d'Obligatioun hunn, hir Joreskon-ten esou ewéi hire Budgetsprojet fir dat kommand Joer um RCS ze deposéieren. D'Violatioun vun dë-ser Obligatioun, kann ab dem a Kraaft tredien vun dësem Gesetz, och mat enger gerichtlecher Liqui-datioun sanktionéiert ginn.

Deemno sinn an deem Sënn nach keng Wueltä-tegkeetsorganisatiounen verbuede ginn, héchstens gerichtlech liquidéiert.

ad 5. De Justizministère gëtt keng däraarteg Re-commandatiounen eraus. Ewéi schon gesot, musse Stëftungen an ASBLen hir Fongen fir d'Erfël-lung vun hirem „objet social“ benotzen.

ad 6. De Justizministère huet den 21. Januar 2021 e Webinaire fir Stëftungen, ASBLen mam „statut d'utilité publique“ an ASBLen lancéiert. D'Zil vun dë-sem Webinaire war d'Sensibiliséierung vun dësen Entitéiten op d'Risiko vun Terrorismusfinanzéierung.

Des Weideren huet de Justizministère en Dokument betreffend Sensibilisatioun vum associative Sec-teur op d'Risiko vun Terrorismusfinanzéierung esou ewéi en Dokument betreffend „d'bonnes pratiques“ op sengem Internetsite publizéiert.

Dës Dokumenter kënnen ënnert de follgenden Liene consultéiert ginn: <https://mj.gouvernement.lu/dam-assets/dossiers/blanchiment/Sensibilisation-OBNL-FT.pdf> an [https://mj.gouvernement.lu/dam-assets/dossiers/blanchiment/Bonnes-pratiques-des-asso-ciations-sans-but-lucratif-ASBL-et-fondations-au-Luxembourg.pdf](https://mj.gouvernement.lu/dam-assets/dossiers/blanchiment/Bonnes-pratiques-des-associations-sans-but-lucratif-ASBL-et-fondations-au-Luxembourg.pdf).

Den 1. Dezember 2021, kuerz virun de Chrëscht-deeg, huet de Justizministère en zousätzleche Sensibilisatiounsmessage, deen sech un all poten-ziellen Donateur riicht, op sengem Internetsite publizéiert ([https://mj.gouvernement.lu/fr/service-citoyens/asbl/Avis\\_aux\\_donateurs.html](https://mj.gouvernement.lu/fr/service-citoyens/asbl/Avis_aux_donateurs.html)).

Dës Sensibiliséierungsmoossname riichten sech un all potenziellen Donateur, deen iwwert de Smart-

phone oder iwwert déi méi traditionell Weeër eng Spend un eng Hëlleforganisatioun mécht.

**Question 5876** (04.03.2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR) concernant les **slots de décollage dans les aéroports** :

Am Artikel „Luxair schöpft Hoffnung“, deen den 21. Februar am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt d'Luxair d'selwescht wéi aner grouss europäesch Fluchgesellschaften en drén-genden Appell un d'EU-Kommissioun riicht, hir Slot-Politik fir d'Zäit vun der Covidsituatioun dréngend réckwierkend unzepassen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Ver-kéiersminister gär dës Fro stellen:

- Wéi steet den Här Minister zu dëser Fuerderung vun der Luxair an anere Fluchgesellschaften? Ën-nerstëtzet den Här Minister dëst Uleies politesch um Niveau vun der EU?

**Réponse** (21.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

De Minister huet d'Uleies vun der Luxair wat Sloten ugeet, am Kader vun den Diskussiounen mat der EU Kommissioun während de leschte Méint ëmmer ganz kloer ënnerstëtzet an och entsprechend Cour-rieren un d'Kommissioun geschéckt.

Fir méi Detailler verweise mer op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Ufroen N° 5478 vum 7. Januar 2022 an N° 5638 vum 1. Februar 2022 vun den Hä-ren Deputéierte Goergen an Di Bartolomeo.

**Question 5880** (04.03.2022) de **M. Carlo Weber** (LSAP) concernant le **rond-point au poteau de Har-lange** :

D'Stauséiregioun ass e beléift Zil ginn. Duerch d'Pandemie si vill Bierger a Biergerinnen hirem Wonsch nogaangen, déi eege véier Wänn ze ver-loossen an doheem Vakanz ze maachen. Domat ass och den Drock op d'Stauséiregioun gewuess. Dofir ass ze begrëssen, dass et den Ament ver-schidde Pläng ronderëm den Hareler Potto ginn. Engersäits ginn et Diskussiounen iwwert e méi-gleche P&R, anerersäits soll de Kräizungsberäich tëscht dem CR309 an dem CR315 iwwerschafft ginn an e Kreesverkéier entstoën.

An deem Zesummenhang wëll ech dem Här Minis-ter fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten dës Froe stellen:

1. Wéi ass de Fortschrëtt vun dëse Projeten?
2. Bis wéini ass mat engem Ofschloss vun de Pro-jeten ze rechnen?
3. Sinn an der Planungsphas vum Rond-point de Vëlo an seng Ubannung un dat nationaalt Vëlosnetz matabezu ginn?
4. Wa jo, sinn Iwwergäng virgesinn, fir dass d'Kan-ner sécher mam Vëlo an d'Regionalschoul Uewer-sauer kommen (Variant 1, PC29)?
5. Huet sech duerch den Drock op d'Regioun d'Prio-ritéit fir eng Ubannung vum PC17 Bavigne un de PC18 Bigonville geännert an a wéi enger Phase be-fënnt sech dëse Projet aktuell?
6. Gëtt den Aussidlerhaff, wou en Eefamilljenhaus mat geplangt ass a just op ongeféier 120 Meter vum Busarrët fort läit, mat consideréiert an der Pla-nung?

**Réponse** (11.04.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. Laut deene mir virleidenen Informatiounen huet d'Gemeng Bauschelt op där Plaz Pläng fir een eventuellen Amenagement vun engem Park and Ride (P&R).

D'Stroossebauverwaltung huet ee separate Projet, fir d'Kräizung tëscht dem CR309 an dem CR315 ze iwwerschaffen an ze securiséieren, andeems ee Kreesverkéier implementéiert gëtt. Déi néideg Ëm-weltgeneemegungen zum Bau vun dësem Projet si rezent ausgestallt ginn, an den Ament gëtt de Sou-missiounsdossier finaliséiert. Zousätzlech sinn awer nach Emprisen ze realiséieren, déi fir dëse Projet gebraucht ginn. De respektiven Dossier ass och well erstallt ginn an d'Verhandlung mat de jeeweilege Propriétaire lafen.

ad 2. Mat Virbehalt, dass all déi néideg Emprisë kënnen kaf ginn, kann de Bau vum Kreesverkéier am Prinzip am Fréijoer 2023 ugoen, a soll viraussicht-lech spëtstens am Summer 2024 ofgeschloss sinn.

ad 3. + 4. Bei dësem Projet vun der Stroossebauver-waltung handelt et sech reng ëm de Bau vum Krees-verkéier. D'Vëlospist PC23 leeft laanscht dës Plaz a gëtt spéider an engem separate Projet realiséiert.

ad 5. Den Ament gëtt queesch uechter d'Land um Ausbau vum Vëlosreseau geschafft. D'Division de la voirie de Diekirch këmmert sech aktuell eleng am Norde vum Land ëm 47 verschidde Projeten, fir

dem modifizéierte Gesetz vum 28. Abrëll 2015 iw-wert dat nationaalt Vëlosnetz Rechnung ze droen. Dorënner fält haaptsächlech den Amenagement vun neien, mee vereenzelt och d'Sanéierung vu be-stoende Vëlosweeër.

Laut deem genannte Gesetz, ass et och virgesinn, an der Stauséiregioun verschidde Vëlospisten ze amenagéieren. Do gëtt den Ament un dräi Projekte geschafft, an zwar um Bau vun der PC18 tëschent Esch/Sauer a Lëlz, tëschent Ueschdref a Lëlz a vun Esch/Sauer iwwer Heischent op Nidderfeelen. Fir d'Ubannung vun der PC23 zu Béiwen un d'PC18 zu Bungeref sinn déi éischt Etuden eréischt ugelaft.

ad 6. De Bau vum Kreesverkéier huet keen Afloss op den Aussidlerhaff.

**Question 5881** (04.03.2022) de **M. Max Hahn** et **Mme Carole Hartmann** (DP) concernant le **congé parental** :

Säit der Reform vum Elterecongé am Joer 2016 kënnen d'Elteren tëschent dräi verschiddene Congésformulle wielen: 4 oder 6 Méint Vollzäit, 8 oder 12 Méint Hallefzäit, oder eng Deelzäitformule ab 20 Méint. D'Zil dovunner war et de jonken Elteren eng besser Balance tëscht hirem Aarbechts- a Famillje-liewen ze erméiglechen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun follgend Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen hu säit der Reform vum Eltere-congé profitéiert - opgespléckt no Joer, Geschlecht a Congéstyp?
2. Wéi héich sinn d'Depensen, déi d'Zukunftskeess - iwwert déi leschte fënnf Joer gekuckt - fir déi ver-schidde Congésformullen ausbezuelt huet?
3. Wéi ee Congéstyp ass bei den elengerzéiende Mammen a Pappen am beléiftsten a wat sinn d'Ur-saachen dofir? Wéi ass hei den Trend iwwert déi leschte fënnf Joer gesinn?
4. Wéi ee Congéstyp gëtt am heefegsten vun Eltere gewielt, déi manner wéi 40 Stonnen d'Woch schaf-fen?
5. Wéi vill Congéë goufe pro Joer un Elteren ausbe-zuelt, déi an enger Berufsausbildung ageschriwwen waren?
6. Wéi vill Independanten hu pro Joer vum Eltere-congé profitéiert?
7. Ënnerscheeden sech d'Präferenze fir déi ver-schidde Congésformullen tëscht de Residenten an den Netresidenten? Wa jo, wat sinn d'Grënn dofir?

**Réponse** (30.03.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration* :

Déi disponibel Zuelen iwwert d'Entwécklung vum Congé parental zënter der Reform vum 2016 ginn all Joer am Rapport d'activité vun der Zukunftskeess publizéiert.

ad 1. (*Tableau à consulter auprès de l'Administra-tion parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

ad 2. (*Tableau à consulter auprès de l'Administra-tion parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

ad 3. Doriwwer ginn et bei der Zukunftskeess keng Zuelen; déi Donnéeë ginn net um Formulaire gefrot, well se net relevant si fir den Octroi vum Eltere-congé.

ad 4. (*Tableau à consulter auprès de l'Administra-tion parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

ad 5. Doriwwer ginn et bei der Zukunftskeess keng Zuelen, well net erhuewe gëtt, ob d'Leit an enger Berufsausbildung sinn; fir den Elterecongé ass et wichteg, dass d'Leit während der ganzer Zäit vun de +12 Méint virdrun en Employeur haten.

ad 6. (*Tableau à consulter auprès de l'Administra-tion parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

ad 7. Den Zuelen no ginn et keng weesentlech Ën-nerscheeder tëscht Residenten an Non-Residenten.

Wat d'Grënn kéinte sinn, ka just iwwert eng Ëmfro erausfonnt ginn.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration par-lementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - re-chercher n° de la question.*)

**Question 5883** (04.03.2022) de **M. Paul Galles** (CSV) concernant l'**accueil de réfugiés issus de l'Ukraine** :

Au vu des nombreuses initiatives privées d'héber-ger des ressortissants ukrainiens à leur domicile, le Ministère de la Famille a fait un appel aux concer-nés à contacter la Hotline gérée par Caritas et la Croix-Rouge avec le soutien du Ministère de la Fa-mille, de l'Intégration et à la Grande Région pour re-cevoir le soutien et les informations nécessaires.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration :

- 1) De quelles aides spécifiques bénéficient les rési-dents luxembourgeois qui accueillent des réfugiés à leur domicile privé ?
- 2) Est-il prévu de proposer une sorte de « congé de bienvenu » pour ceux qui veulent accueillir des per-sonnes ukrainiennes chez eux dans leur foyer ?

**Réponse** (04.04.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration* :

L'afflux de personnes fuyant la guerre en Ukraine a déclenché une vague de solidarité parmi les rési-dents luxembourgeois. C'est dans ce contexte que le Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région a lancé deux projets afin de regrou-per les offres d'aide.

Le premier projet a trait à l'hébergement de per-sonnes fuyant la guerre en Ukraine auprès de fa-milles. Ainsi, Caritas Luxembourg et la Croix-Rouge luxembourgeoise, avec le soutien du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région et en collaboration avec l'Office national de l'accueil (ONA), ont mis en place un dispositif de mise en re-lation des personnes fuyant la guerre en Ukraine avec les résidents luxembourgeois désireux de leur proposer, gracieusement, un hébergement ou un accueil en famille.

Il s'agit ici d'un engagement bénévole qui ne connaît, de ce fait, ni soutien financier ni congé spécifique.

Le deuxième projet se situe d'ailleurs dans cet ordre d'idées ; ainsi, le Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région soutient l'ASTI, Caritas Luxembourg et la Croix-Rouge luxembour-geoise, qui coordonnent le bénévolat en guidant les personnes intéressées vers les organisations pro-posant des activités bénévoles dans le domaine d'engagement de leur choix.

**Question 5885** (07.03.2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV) concernant la **collecte des déchets arbus-tes et plastiques agricoles** :

Laut mengen Informatiounen wier d'Asammele vum Hecken-, Bam- a Strauchschneitt, am Géigesaz zu de leschte Joren, zurzäit nach net ugelaft. Dës Si-tuatioun wier dem Ëmstand geschéilt, dass keng Ausschreiwung gemaach gi wier. Och wäert dëst Fréijoer aus dem selwechte Grond keng Siloplastik-sammlung sinn, mee wuel réischt am Hierscht.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Madamm Minister fir Ëmwelt an un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Ent-wécklung stellen :

1. Kann d'Regierung déi uewegenannten Informa-tiounen bestätegen?
2. Wa jo, firwat si weeder den Heckeschneitt nach d'Siloplastiksammlung ausgeschriwwen ginn?
3. Wéini ass virgesinn, souwuel den Heckeschneitt wéi och de d'Siloplastik anzesammelen?
4. Ween huet sech an de vergaangene Joren ëm d'Asammele vum Hecken-, Bam- a Strauchschneitt respektiv dem Siloplastik bekëmmert?
5. Wat gëtt gemaach, datt et an Zukunft net méi zu sou enger Situatioun kënn?

## Le saviez-vous ?

### HUIS CLOS

Les séances de la Chambre sont publiques, sauf décision contraire émanant de la majorité des membres du Parlement. Dans ce cas la Chambre siège à huis clos et la séance est tenue en secret.





**Réponse commune** (11.04.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural* :

ad 1. Nee. D'Ausschreiwung fir d'Asammele vun Hecken-, Bam- a Strauchschnëtt ass gemaach ginn. Eng Entreprise huet den Zouschlag fir dëse Marché kritt an d'Asammlung leeft aktuell. Et gouf eng Verzögerung beim Lancement vun der Ausschreiwung, an dofir gouf dëst Joer méi spéit domat ugefaang wéi an de leschte Joren.

Betreffend de Siloplastik, konnt de Sammeltermin vum Fréijoer wéinst enger neier Ausschreiwungs-prozedur effektiv net agehale ginn.

ad 2. D'Asammele vum Hecken-, Bam- a Strauch-schnëtt gouf ausgeschriwwen.

ad 3. Den Heckschnëtt gëtt aktuell agesammelt. Esoubal d'Ausschreiwung verginn ass, gëtt de Silo-plastik agesammelt. Dëst soll am Hierscht 2022 stattfannen.

ad 4. Servert SARL huet sech an de vergaangene Joren am Opdrag vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an der Ëmweltverwaltung (AEV), ëm d'Asammele vum Hecken-, Bam- a Strauchschnëtt bekëmmert. Wat d'Asammele vum Siloplastik ubelaangt, esou huet sech an de vergaangene Joren „Oeko-Service Luxembourg SA“ an Zesummenaarbecht mam MBR dorëms bekëmmert.

ad 5. Wat d'Asammele vum Siloplastik ugeet, huet de Landwirtschaftsministère beschloss, dës Ausschreiwung an Zukunft selwer ze koordinéieren.

Den aktuelle Kontrakt fir d'Asammele vum Hecken-, Bam- a Strauchschnëtt couvériert d'Joren 2022 bis 2024. Dat heescht, datt fir déi Jore keng weider Ausschreiwungen néideg sinn, an d'Asammele fir déi Jore geséichert ass.

**Question 5891** (07.03.2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV) concernant les **chargés de cours** :

D'Pandemie huet de Personalmangel an der Edu-catioun nach méi akut an dofir méi siichtbar ge-maach, mee och scho virdru war de Schoulbetrib ouni Chargéë mat Joreskontrakt oder „contrat à durée indéterminée“ ondenkbar.

Am dësem Kontext wéilt ech follgend Froe mat Fokus op de postprimären Unterrecht un den Här Minister fir Education, Kanner a Jugend an un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht stellen:

1. Wéi vill Prozent vun de Schoulstonnen am En-seignement secondaire „classique“ a „général“, an der Beruffsausbildung, am Enseignement spécia-lisé an an der Erwuessenebildung ginn aktuell vu Chargéë gehalen?

2. Wéi vill Chargéë kommen aktuell a Fro, fir fonc-tionariséiert ze ginn?

3. Wat sinn d'Modalitéite vun der Fonctionarisa-tioun vu Chargéen?

4. Wéi vill hunn der hir Fonctionarisatioun ugefrot?

5. Wéi vill sinn der scho fonctionariséiert ginn?

**Réponse commune** (25.04.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'En-fance et de la Jeunesse*, et de **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique* :

ad 1. Am Enseignement secondaire classique a général ginn aktuell 28,9 % vun de Schoulstonne vu Chargéë gehalen. An der Beruffsausbildung sinn et 26,51 %, am Enseignement spécialisé (centres de compétences) 7,01 % an an der Erwuessenebildung 57,26 %. Am Institut national des langues (INL) sinn et 80,1 % an an der Formation des adultes (SFA) 85 %.

ad 2. Baséierend op dem Critère, datt ee mindes-tens 15 Joer beim Staat muss geschaff hunn, kéimen am Enseignement secondaire 364, an de Centres de compétences 8, am INL 33, am SFA 22 an an der Formation professionnelle (SFP) 29 Char-géen a Fro.

ad 3. Nieft den Dispositionnen, déi den Artikel 80 vum modifizéierte Gesetz vum 16. Abrëll 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État virgesäit, sollen d'Modalitéite fir d'Employéen aus dem Sous-groupe Enseignement duerch de Projet de loi n° 7894 an dat modifizéiert Gesetz vum 30. Juli 2015 portant création d'un Institut de forma-tion de l'éducation nationale (IFEN) ageschriwwen ginn.

Vu datt et kee Promotiounsexamen an der Enseignantscarrière gëtt, müssen d'Chargéen den Exa-men de fin de stage vum Professer maachen. Dësen ass ugeluucht op ee Joer a gëtt vum IFEN orga-niséiert. Ier d'Chargéen aus dem Enseignement se-condaire kënnen um Examen de fin de stage deel-huelen, musse si d'Épreuves préliminaires duerch-lafen, déi hir Sproochekenntnisser iwwerpräiwen. Hei kënnen awer verschidden Dispensen ënnert anerem op Basis vun Diplomer accordéiert ginn.

Den Examen de fin de stage selwer muss an der respektiv den Disziplinne vum Kandidat ofgeluecht ginn a besteet aus engem Examen an der Legisla-tioun an enger praktescher Epreuve.

Fir den Agent, deen an der Voie de préparation schafft, gëtt déi praktesch Epreuve ersat duerch e Bilan iwwert déi didaktesch a pedagogesch Kompe-tenzen.

ad 4. Zum jëtzege Zäitpunkt si 17 Demandë vun Agenten aus dem Enseignement secondaire am Suspens.

ad 5. Bis ewell goufen 13 Chargéen aus dem En-seignement secondaire nom Artikel 80 an dem groussherzogleche Reglement vum 29. August 2017 iwwert d'Fonctionnarisation vum den Em-ployéen aus dem Sous-groupe Enseignement fonction-nariséiert.

**Question 5893** (07.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant la **suspension de la construction d'un monument à Esch-sur-Alzette** :

Am Artikel „Grande manifestation ce samedi à Luxembourg“ heescht et, datt d'Gemeng Esch an Ofsprooch mam Staatsministère decidéiert hätt, de Bau vun engem Monument fir sowjetesch Zwangs-aarbechter, déi vun den nationalsozialisteschen Ok-kupanten op Lëtzebuerg verschleift goufen, wéinst dem Krich an der Ukrain auszusetzen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Staats-minister gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Staatsminister elaboréieren, wou hien eng historesch-politesch Kontinuitéit tëschent sowjeteschen Zwangsarbeitskräfte zu Lëtzebuerg an dem aktuelle Krich an der Ukrain gesäit, op där dës Decisioun baséiert?

2. Kann den Här Staatsminister begrënnen, wéi wäit dës Decisioun senger Meenung no zu enger diplo-matescher Léisung vum Krich an der Ukrain kéint bäidroen?

**Réponse** (14.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État* :

De Projet vum Monument fir sowjetesch Zwangs-aarbechter ass eng Zesummenaarbecht mat de russeschen Autoritéiten, déi opgrond vun der ak-tueller Situatioun ausgesat ginn ass. Am Moment ass et leider net méiglech, mat deem néidege Recul an der néideger Serenitéit déi wichteg Memoires-aarbecht ze maachen, déi ee fir d'Affer wierdege Kontext brauch an ouni déi d'Memoiresaarbecht net zu engem bessere Versteesdemech tëschent den Natiounen bäidroen kann.

**Question 5895** (07.03.2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) concernant le **risque d'un contournement des sanctions contre la Russie par les « Trust and Company Service Providers » (TCSP)** :

L'urgence de la question s'explique par le risque de voir des personnalités visées par les sanctions contre la Russie délocaliser leur patrimoine à courte échéance afin de s'y soustraire.

Dans le cadre des sanctions contre la Fédération russe à la suite de l'invasion de l'Ukraine, des inter-rogations sont soulevées quant à la possibilité pour les personnalités visées à contourner ou à éviter ces sanctions par la création abusive de sociétés écrans ou en passant par des fiducies. Le rôle des TCSP dans de tels montages a été thématiqué no-tamment par Madame la Ministre des Finances des Pays-Bas, qui aurait par ailleurs engagé une discus-sion à cet égard au niveau du Conseil affaires éco-nomiques et financières (Ecofin).

Étant donné que les TCSP sont également très pré-sents au Luxembourg, il y a lieu de s'interroger sur les risques de voir les sanctions court-circuitées à travers la place financière luxembourgeoise par de tels montages. Notons à cet égard que le Ministère de la Justice a conclu dans un rapport récent<sup>6</sup> que notamment les fiducies représentaient un risque in-hérent et résiduel très élevé en matière de blanchi-ment de capitaux et de financement du terrorisme.

Partant, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances :

1) Est-ce qu'il existe au Luxembourg des risques de contournement ou d'évitement des sanctions rus-ses par l'intermédiaire des TCSP ? Si oui, est-ce que le Gouvernement envisage à réagir rapidement par rapport à cette thématique ?

2) Pouvez-vous me donner des détails sur les dis-cussions au sein des instances européennes quant à un éventuel renforcement des dispositions lé-gales entourant les TCSP ? Quelle est la position du Luxembourg dans ces discussions ?

<sup>6</sup> Ministère des Finances. ML/TF Vertical Risk Assessment. Legal Persons and Legal Arrangement (February 2022).

**Réponse** (11.04.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

Il n'y a à l'heure actuelle aucune indication permet-tant de conclure que des sanctions sont contour-nées au Luxembourg.

Tous les opérateurs, y inclut les prestataires de services aux sociétés et fiducies, sont obligés par la loi du 19 décembre 2020 relative à la mise en œuvre de mesures restrictives en matière finan-cière d'appliquer les sanctions. Cette loi fournit, par ailleurs, un cadre légal efficace permettant aux mi-nistères, aux autorités de contrôle et aux orga-nismes d'autorégulation de s'assurer que les sanc-tions sont respectées ainsi que d'agir en cas de non-respect.

Il est également important de souligner que le mi-nistère assure un échange intensif avec toutes les autorités concernées, et ceci notamment dans le cadre du Comité de suivi de mesures restrictives en matière financière qui se réunit de façon régu-lière.

En ce qui concerne la deuxième question posée par l'honorable Députée, un accord a été trouvé au ni-veau de l'UE sur un cinquième paquet de sanctions en date du 8 avril 2022. Ce texte interdit notam-ment la prestation de services de domiciliation pour des trusts et structures similaires ayant des bénéficiaires russes et fait suite à l'initiative néer-landaise au sujet d'un renforcement des dispo-sitions légales entourant les « Trust and Company Service Providers ». Ce texte a été soutenu par le Luxembourg.

**Question 5896** (08.03.2022) de **MM. André Bauler et Gusty Graas** (DP) concernant le **service télépho-nique spécial « En oppent Ouer fir de Bauer, Wën-zer a Gäertner »** :

Il y a quelques années le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural avait créé le service téléphonique spécial « En oppent Ouer fir de Bauer, Wënzer a Gäertner » accueillant et conseillant des personnes issues du monde agri-cole et horticole qui se trouvent en situation de dé-tresse psychologique et/ou matérielle.

Voilà pourquoi nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Dans quelle mesure et à quel rythme le service en question a-t-il été sollicité ces derniers temps ?

2) Monsieur le Ministre peut-il fournir des pré-ci-sions concernant l'organisation concrète de ce ser-vice telle qu'elle se présente actuellement ?

3) Depuis l'éclatement de la pandémie en mars 2020, les problèmes personnels éprouvés par des ressortissants du monde agricole et horticole ont-ils pris une autre teneur ? Quelles sont les situa-tions de détresse les plus souvent rencontrées par les personnes visées par le service ?

**Réponse** (18.03.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Déve-loppement rural* :

ad 1) Il n'y a pas eu de contacts ces derniers temps.

ad 2) Le service ne fonctionne que deux heures par semaine. En dehors de cette période, les deman-deurs ont toujours la possibilité de laisser un mes-sage au répondeur.

ad 3) Les problèmes évoqués traitent en général les mêmes sujets qu'avant la pandémie. Comme déjà évoqué dans notre réponse à la question parlemen-taire n° 2108, les échanges avec les demandeurs restent anonymes et confidentiels.

**Question 5897** (08.03.2022) de **MM. André Bauler et Gusty Graas** (DP) concernant la **production d'as-perges** :

Depuis quelques années la culture des asperges se voit doucement promue au Luxembourg. En effet, certains agriculteurs ont décidé de varier leurs ac-tivités en se lançant entre autres dans la production d'asperges, laquelle se distingue par maintes exi-gences en matière de préparation, de suivi, de per-sonnel et de récolte.

Voilà pourquoi nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Monsieur le Ministre peut-il informer sur l'évol-ution de la production d'asperges depuis 2018 ? Est-il possible de déterminer la valeur ajoutée générée en ce domaine ?

2) Quels sont les principaux débouchés des pro-ducteurs d'asperges luxembourgeois ?

3) Quelles contraintes ces producteurs ont-ils dû rencontrer depuis l'éclatement de la pandémie, en particulier en matière de personnel ?

4) Quels sols et contrées du pays sont particulière-ment destinés à la culture d'asperges ? Et quelles sont les perspectives de cette branche particulière de notre agriculture domestique ?

**Réponse** (01.04.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Déve-loppement rural* :

ad 1) L'évolution de la surface agricole dédiée à la culture des asperges au Luxembourg au cours des quatre dernières années montre qu'il n'y a qu'une légère augmentation. En général, il semble que les principaux producteurs visent à garder leur poten-tiel de production en remplaçant les cultures qui ar-rivent à la fin de leur cycle de vie, mais n'augmen-tent plus significativement l'étendue de la surface cultivée.

| Année | Asperges Surface |
|-------|------------------|
| 2018  | 13 ha            |
| 2019  | 14 ha            |
| 2020  | 15 ha            |
| 2021  | 15 ha            |

Mon département ne dispose pas des données comptables nécessaires pour le calcul de la valeur ajoutée liée à cette culture. La publication de don-nées économiques liées à un nombre très limité de producteurs serait de toute façon sujette à cau-tion.

ad 2) Une grande partie des asperges est distribuée via des grossistes qui les livrent soit au commerce de détail, soit à la restauration. Une autre partie de la production est commercialisée par la vente di-recte du producteur au consommateur final.

ad 3) La culture des asperges est caractérisée par un pic du besoin de main-d'œuvre lors de la récolte. Ce travail est assuré en grande partie par des tra-vailleurs saisonniers étrangers.

En 2020, au début de la récolte, les restrictions de voyage et les obligations de quarantaine au retour imposées dans de nombreux pays, de même que la crainte des travailleurs de s'infecter étaient source d'une grande incertitude sur la disponibilité des sai-sonniers étrangers. Dans ce contexte, la mise à la disposition de tests PCR gratuits pour les saison-niers par l'État a certainement contribué à sécuri-ser la situation. En fin de compte, une partie des travailleurs étrangers a pu être recrutée, et le re-cours aux personnes locales a permis d'assurer les travaux de récolte. Mais le confinement avec la fer-meture de la restauration a aussi porté des sérieus doutes sur l'écoulement de la production, ce qui a amené un producteur à ne pas récolter une partie de ces champs d'asperges. La vente au consumma-teur final, que ce soit en vente directe ou au super-marché a quand même permis de bien écouler toute la production récoltée.

Pour la saison 2021, les incertitudes au niveau de la main-d'œuvre étaient moins importantes et une campagne plus normale a pu être menée. Néan-moins, le recrutement de travailleurs saisonniers, qui posait déjà un défi avant la pandémie, a été tou-jours un exercice difficile.

Pour l'année en cours, les producteurs espèrent pouvoir mener une campagne normale.

ad 4) D'un point de vue commercial, une récolte précoce est plus intéressante. Il est évident que les régions qui ont un climat plus doux sont donc avan-tagées. Les sites où un réchauffement rapide du sol au printemps est favorisé par des sols légers, une exposition vers le sud, ou une altitude modérée seraient favorables. Finalement, une période de vé-gétation plus longue donne en général des rende-ments plus élevés. En général les sols doivent être profonds, exempts de cailloux et d'humidité exces-sive.

Si les hauteurs de l'Oesling ne semblent donc à pre-mière vue pas propices, l'expérience acquise a dé-mo-ntré qu'une production d'asperges de grande qualité y est aussi possible.

La culture d'asperges est une culture de niche pour laquelle les coûts de production au Luxembourg sont certainement plus élevés que dans les gran-des régions de production européennes. Les pro-ducteurs essaient donc d'éviter des surproductions par rapport au potentiel de leurs chaînes d'écoule-ment pour éviter des baisses de prix qui peuvent compromettre la rentabilité de la production. Ceci explique le fait que les surfaces de production restent plus ou moins stables chez les principaux producteurs.

Si certaines chaînes de commercialisation sont déjà bien occupées par les producteurs existants, il existe certainement encore des potentiels au ni-veau de la vente directe locale et probablement aussi au niveau de la production biologique les-quels pourraient être développés.





**Question 5898** (08.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant le **retard du chantier du Pont Büchler** :

Am September dëst Joer soll den Tram prett sinn, fir Persounen bis op Bouneweg ze transportéieren. Et ginn doriwwer eraus nach weider Aspekter ronderëm de Chantier vum Tram, déi et fäerdegzestelle géllt. Esou war geplangt, dass bis Enn 2021 sollt de Foussgängerwee vum Millewee op de Pont Büchler fäerdeg gestallt sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir ëffentlech Aarbechten dës Froe stellen:

1. Wouduerch ass d'Fäerdegstelle vun dësem Foussgänger- a Vëloswee a Verspéidung geroden?
2. Kann de Minister een Datum ginn, wéini deen Accès piéton/vélo zum Pont Büchler, dee jo zur Mobilité douce bäidréit, fäerdeggestallt gëtt?

**Réponse** (11.04.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. Während der Ausféierung vun Aarbechten um Pont Büchler, sinn zousätzlech Iwwerleeungen opkomm, wéi een déi geplangte Vëlosramp nach méi benotzerfrëndlech kéint realiséieren, wéi déi ursprénglech ugeduecht zirkular Ramp. Dëst a Kombinatioun mat enger neier Vëlosverbindung Richtung Süden.

ad 2. Well dës Iwwerleeungen nach net ganz ausgeräift sinn an och méi Acteuren an deem Projet involvéiert sinn, ass et momentan net méiglech, e genaue Datum fir d'Fäerdegstellung vun där Verbindung ze nennen.

**Question 5901** (09.03.2022) de **MM. Max Hengel** et **Léon Gloden** (*CSV*) concernant la **sécurité sur la piste cyclable le long de la N11 entre Waldhaff et Gonderange** :

Laanscht d'N11 tëscht der Uertschaft Gonnereng an dem Waldhaff verlafen am Gréngewald eng Rei Vëlosweeër, MTB-Strecken a Wanderweeër. Bei engem Deel vun dëse Weeër mussen d'Wanderer oder d'Cycliste kuerz virum Waldhaff queesch iwwer d'N11 goe respektiv fueren, fir vun där enger op déi aner Säit ze kommen, fir datt si hir gewielte Route kënnen bäihalen.

Well op der N11 permanent relativ vill Trafic ass, ass et net ongeféierlech, wann d'Leit mussen iwwer d'Fuerbunne goen oder fueren. A wann am Fréijoer d'Leit erëm méi aktiv dobausse ginn, wäerten erëm ganz vill Einheimescher an och Touristen dës Weeër notzen. Domat klëmmt dann och de Risiko vun Accidenter.

Virun dësem Hannergrond wollte mir folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an Infrastrukturen an un den Här Minister fir Tourismus stellen:

1. Deelen déi Häre Ministeren d'Meenung, datt déi beschriwwen Situatioun misst entschäerft ginn, fir de Risiko vun Accidenter ze reduzéieren respektiv ze vermeiden?  
- Wa jo, wéi eng Léisunge wiere virstellbar?
2. Wier eng Unterföhrung eng méiglech Léisung?  
- Wa jo, wat géif dës Solutioun kaschten a bis wéini kéint se realiséiert sinn?  
- Wann net, firwat consideréieren déi Häre Ministeren en ënnerierdesche Passage net als Léisung?

**Réponse** (11.04.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. Folgend enger reegelrechter Neientdeckung vun der Noerhuelung am Grand-Duché am Joer 2020, ass och d'Benotzung vun de Bëschweeër an deementsprechend d'Unzuel vun den Iwwergäng vu Foussgänger a Vëlosfuerer vu Stroossen eropgaangen. Dat iwwerall do, wou d'Bëschweeër op eng Strooss stoussen. Lokal Mesurë sinn domadder och ëmmer an engem méi grouse Kontext ze ënnersichen. Et ass awer och esou, datt zum Beispill bei den Autopedestren an deene leschte Joren Effort gemaach goufen, fir d'Iwwergäng vu Stroossen aus dem Itinéraire erauszehuelen, respektiv och Itinéraire laanscht Stroossen ze eliminéieren an duerch nei Strecken duerch d'Gewan ze ersetzen.

Wou vill Trafic ass, grad an de Spëtzengäiten, ass et ëmmer ausserhalb vun den Uertschaften ee Risk, eng Strooss als Foussgänger oder Vëlosfuerer ze iwwergoen. Fir d'Sécherheet vun deene beschriwwene Gruppen ze fërderen, gëtt dann och op Plazen, wou dat sënnvoll ass, no Léisunge gesicht. Och an dësem Fall op der N11 ass gekuckt ginn, wou esou een Iwwergang sënnvoll wier.

Ufank 2021 gouf entscheet, fir eng Studie fir esou een Iwwergang op der Héicht vum Dépôt vun der Stroossebauverwaltung, ongeféier op der hallwer Streck tëscht dem Waldhaff a Gonnereng, ze maachen. D'Stroossebauverwaltung huet dunn eng Machbarkeetsstudie an Optrag ginn, fir ze kucken wéi een eng Iwwerféierung op der Héicht vun deem Site kéint gestalten.

Et gi méi Méiglechkeeten, woubäi sech verschidde Vir- an Nodeeler erauskristalliséieren:

Een niveaugläichen Iwwergang ka bei gudder Siicht an enger zweespuereger Strooss eng Léisung sinn. D'Nationalstrooss (N11) huet awer op dëser Plaz dräi Spueren, wat den Iwwergang vun der Strooss relativ laang a geféierlech gestalt. Dobäi kënn, dass een niveaugläichen Iwwergang op dëser Plaz weider Geforepunkte bei enger ageschränkter Visibilitéit duerch Niwwel oder een déiwe Sonnestand mat sech bréngt.

Ënner- oder Iwwerféierung bidden hei eng optimal Sécherheet fir d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer. Nodeeler sinn hei déi méi héich Käschten an de Fait, dass Ëmweeër mussen a Kaf geholl ginn.

ad 2. D'Machbarkeet vun enger Passerelle fir Foussgänger a Vëlosfuerer tëschent dem Waldhaff a Gonnereng ass ënnersicht ginn a gëtt zurzäit nach evaluéiert. Eng Passerelle géif et erméiglechen och méi héijen touristeschen Ufuerderunge gerecht ze ginn. Bedéngt duerch de Gabarit, dee fir d'Strooss anzehalen ass, souwéi duerch d'Anhale vun allgemenge minimale konstruktive Critère, an ëmwelttechnesch Constraints, ass et allerdéngs kloer, dass just e Bauwierk vun enger scho méi grousser Envergure a Fro kënn an domadder keng Standardléisung méi ka sinn. An deem Zesummenhang ass och nach bäizefügen, dass de Gréngewald zur Natura-2000-Zon gehéiert.

An der Zon vun der Natura 2000 bedeit eng Ënnerféierung ëmmer, dass vill Wuerzele vu Beem mussen ewechgemaach ginn. Dobäi kënn de Sécherheetsfaktor, dass een sech an enger laanger schmueler Ënnerféierung net wuel fillt. Den zousätzlechen Opwand fir een Entwässerungssystem bei enger Ënnerféierung stellt ee weideren Nodeel duer. Folgend huet sech d'Machbarkeetsstudie haaptsächlech op d'Realisatioun vun enger Iwwerféierung konzentréiert. D'Iwwerféierung gouf mam Zil, den Agrëff an d'Natur esou kleng ewéi méiglech ze halen, analyséiert. Folgend sinn d'Etuden a Richtung „Bamkrounebréck“ gaangen.

Déi véier Iwwerféierungsvarianten, déi analyséiert goufen, leien tëscht 3,1 a 5,6 Milliounen € HTVA. Heibäi handelt et sech ëm ganz sommaire Ofschätzunge fir den Neibau vu Bréckebauwierker no Quadratmeterpräisser. Eng genau Estimatioun kann eréischt am Kader vum Avant-projet détaillé gemaach ginn, wann d'Buedemparametere fir d'Grënnung aus der geotechnescher Analyse bekannt sinn. Zu dem Montant vun den Aarbechten addéieren sech d'Studiekäschten (Technik, Geotechnik an Ëmwelt), esouwéi d'Kompensationsmoossnamen.

**Question 5902** (09.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **situation des animaux domestiques des réfugiés** :

D'Invasioun vun der Ukrain duerch de russesche Putin-Regime huet eng humanitär Katastroph um europäesche Kontinent ausgeléist. Milliounen vun Ukrainer si gezwongen, hiert Land ze verloossen, fir ze iwwerliewen. D'Fakel vun der europäescher Solidaritéit gëtt héich gehalten an dat an Ost-, West-, Nord- a Südeuropa.

Och Lëtzebuerg hëlleft mat: All Dag komme Busser mat ukrainesche Familljen an Hausdéieren hei zu Lëtzebuerg un, wat aussergewöhnlech ass. Mënschen, déi an enger Extreemsituatioun immens schnell handele mussen a vläicht nëmmen Zäit hunn, fir fënnf Saachen ze paken, huelen hir Déieren an de Grapp a lafen zesumme fort. Dësen onscheinbare Geste bedeit fir d'Déier Liewen oder Dout: Vill Hausdéieren an der Ukrain haten déi Chance net a sinn eleng an der Wunneng zeréckbliwwen.

No enger laanger Rees kommen dës Familljen zesumme mat hiren Déieren dann hei am Land un. Wat duerno kënn, iwwerrascht: Wéi op de sozialen Netzwierker ze liesen ass, dierfen d'Leit hir Déieren net mat an d'Flüchtlingsheemer huelen.

Mir sollten net zouloossen, dass mer Mënsche vun hiren Hausdéieren trennen an dat kuerz nodeems si esou vill traumatesch Erlebnisser matgemaach hunn a bal alles verluer hunn. Doriwwer eraus dierfen net vergiessen, dass och d'Déiere Lieweweise mat engem Bewosstsinn a Gefiller sinn an och si am beschte bei hirer Famill opgehuewe sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Immigratioun an Asyl a fir Famill an Integratioun dës Froe stellen:

1. Dierfe Flüchtlingen, déi mat Hausdéieren ukommen, dës mat an d'Flüchtlingsstrukturen huelen?
2. Wat geschitt mat den Hausdéieren, déi net an d'Flüchtlingsstrukture mat dierfen?
3. Wäert d'Regierung ee Konzept ausschaffen, fir dass d'Flüchtlingen an Zukunft net vun hiren Hausdéiere getrennt ginn?

**Réponse** (11.04.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile* :

D'Leit, déi aus der Ukrain geflücht sinn an net privat ënnerkomm sinn, ginn an enger éischter Phas an engem Centre de primo-accueil opgehol. An dëser Structure d'hébergement d'urgence Kirchberg (SHUK) ass eng designéiert Plaz ageriicht mat Déiereboxen, wou de geflüchte Leit hir Déiere kënnen ënnerbruecht ginn. D'Inspection vétérinaire kënn eemol an der Woch an d'SHUK, fir all d'Déieren ze chippen, ze impfen an ze entwuermen.

Aktuell sinn all d'Leit, déi Déiere matbruecht hunn, an der SHUK logéiert, mat e puer Eenzelfäll nach op engem anere Site, sou dass si sech net hu misse vun hiren Déieren trennen.

D'Regierung ass amgaangen, mat de concernéierten Acteuren e Gesamtkonzept auszuschaffen.

**Question 5903** (09.03.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant le **statut de la Société nationale de circulation automobile et de la Société nationale de contrôle technique** :

An enger Emissioun vum RTL-Journal vum 24. September 2021 iwwert d'Zeremonie vum éischte Spuedestéch vum neien SNCA Gebai um Fridhaff, huet den Här Minister ausgesot, datt hien dee lo just genannten Organismus an en „établissement public“ wéilt iwwerféieren. D'SNCA, déi och vill sensibel Donnéeën vun de Bierger behandelt, funktionéiert aktuell als ëffentlech Entreprise ënnert dem Statut vun enger SARL.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Transportminister gär dës Froe stellen:

- Op Basis vu wéi engem legalen Text sinn d'SNCA an d'SNCT aktuell konzipéiert an hir Kompetenze gereegelt?

- Ënnert wéi engem Statut gëtt d'Personal vun der SNCA an der SCNT rekrutéiert?

- Op wéi enger legaler Basis ginn d'Donnéeën vun de Clienten vun der SNCA an der SNCT traitéiert? Kënnen dës fir kommerziell Zwecker un Drëtter weidergi ginn?

- Vu wéi engen, ëffentleche finanzielle Kontributiounen hunn déi zwou Entreprises an de Joren 2018 bis 2021 jeeeweils profitéiert? Kann den Här Minister déi jeeweileg Zomm souwéi den entspreichende Budgetartikel nennen?

**Réponse** (21.04.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

Den honorabelen Deputéierte stellt sech Froen iwwert de Fonctionnement vun den zwou Societëten SNCA an SNCT.

D'Société nationale de la circulation automobile (SNCA), ass zu Lëtzebuerg zoustänneg fir sämtlech Demarchen am Zesummenhang mat der Immatrikulatioun vu Gefierer esou wéi mat der Ausstellung, dem Organiséieren a Realiséieren vu Förschäiner. Doriwwer eraus stellt d'SNCA Tachographekaarten aus a bekëmmert sech am Beräich vum Transport vu geféierleche Gidder (ADR - « accord relatif au transport international des marchandises dangereuses par route ») ëm d'Kennzeeche vun de jee-weilege Gefierer. Dës Aktivitéit vun der SNCA sinn duerch déi national Gesetzgebung definéiert.

Wat d'Immatrikulatioun ubelaangt, esou gesäit den Artikel 4 Paragraph 7 vun der « loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques » vir, datt d'SNCA fir déi administrativ Demarchen am Kader vun der Immatrikulatioun vun de Gefierer hei zu Lëtzebuerg zoustänneg ass, wourënner och d'Elementer vun der Agreatioun falen, am Fall wou ee Gefier net den europäeschen oder nationale Bestëmmungen entsprécht.

« (7) Le ministre peut confier à la SNCA des tâches administratives relevant de la gestion de l'immatriculation des véhicules routiers ainsi que des opérations de réception et de contrôle visées aux paragraphes 1, 3 et 4. Il peut en outre charger la SNCA du traitement des données générées par ces tâches administratives ainsi que par les opérations de contrôle technique visées aux paragraphes 1, 3 et 6 l'article 4bis.

Sans préjudice des dispositions de la législation relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel, la SNCA, agissant en sa qualité de sous-traitant du ministre dans le cadre de cette gestion, est autorisée à collecter, utiliser et traiter les données personnelles relatives aux propriétaires et détenteurs des véhicules routiers pour autant que l'accomplissement de ses missions légales l'exige.

Sans préjudice des taxes prévues par la loi modifiée du 6 mars 1965 concernant les taxes à percevoir sur les demandes en obtention des documents prescrits pour la circulation et la conduite de véhicules, le prix que la SNCA peut percevoir pour les prestations effectuées en vue de l'immatriculation

des véhicules routiers ne peut pas dépasser le montant de 50 euros par opération, correspondant au nombre 100 de l'indice des prix à la consommation.

Un règlement grand-ducal détermine la mise en œuvre de la gestion de l'immatriculation des véhicules routiers ainsi que le prix que la SNCA est en droit de percevoir en vertu de l'alinéa 4.

Les fabricants des plaques d'immatriculation communiquent à la SNCA les informations à leur disposition concernant les requérants de plaques d'immatriculation afin d'assurer la traçabilité de leur délivrance. Un règlement grand-ducal en détermine les modalités. »

Aus dësem Paragraf gëtt ersiichtlech, datt d'SNCA, nieft der Méiglechkeet sämtlech administrativ Demarchë fir de Minister duerchzeféieren, an dësem Zesummenhang och dierf perséinlech Donnéeën traitéieren a stockéieren, woubäi natierlech keng perséinlech Donnéeë fir iergendwellech kommerziell Zwecker un Drëtter dierfe weider gi ginn. Zousätzlech dozou verweist den Text op dat modifizéiert Gesetz vum 6. März 1965 an deem festgeluecht gëtt, wéi dës Demarchen un de Bierger ze verrechnen sinn. Am konkrete Fall bezilt de Bierger fir eng Immatrikulatioun eng definéiert Tax, wou de Montant iwwert de « règlement grand-ducal modifié du 12 novembre 1981 ayant pour objet la fixation et la perception des taxes sur les demandes en obtention des documents prescrits pour la mise en circulation et la conduite de véhicules » festgeluecht ass. An dësem Reglement sinn och d'Montante festgehalten, déi ze bezuele sinn am Kader vun der Produktioun vun engem Förschäin. Well de Bierger dës Taxen iwwert een „timbre de chancellerie“ bezilt, huet d'SNCA keng direkt Recette wat de Förschäin an d'Immatrikulatioun vu Gefierer betrëfft. Eng Exceptioun ass déi uewen erimmiten Agreatioun, wou d'Montanten, déi verrecht ginn, détailléiert am Artikel 42 vum „règlement grand-ducal modifié du 26 janvier 2016 relatif à la réception et l'immatriculation des véhicules routiers“ festgehalen sinn an dëst eng direkt Recette fir d'SNCA duerstellt.

Wat de Förschäin ugeet, gesäit dat modifizéiert Gesetz vum 14. Februar 1955 am Artikel 2 Paragraf 4 och vir, datt d'SNCA fir de Minister déi administrativ Demarchen iwwerhuele kann.

« Paragraphe 4

Le ministre peut confier à la Société nationale de circulation automobile, en abrégé SNCA, des tâches administratives relevant de la gestion des permis de conduire. La mise en œuvre de cette gestion peut être déterminée par un règlement grand-ducal. Un règlement grand-ducal arrête en outre les normes applicables aux agents chargés de la réception des examens en vue de l'obtention du permis de conduire. Les agents de la SNCA et ceux mis à sa disposition qui sont chargés de la réception des examens en vue de l'obtention d'un permis de conduire sont agréés par le ministre. Avant d'exercer leurs fonctions, ils prêtent devant le ministre le serment qui suit : Je jure de remplir mes fonctions avec intégrité, exactitude et impartialité.

Sous réserve des dispositions de l'alinéa 1<sup>er</sup>, les employés de l'État en service qui, au moment de l'entrée en vigueur de la présente loi, sont chargés de la réception des examens des permis de conduire, peuvent être chargés d'effectuer pour compte de la SNCA des tâches relevant de la réception des examens du permis de conduire. Les agents de la SNCA et ceux mis à sa disposition qui sont chargés de la réception des examens en vue de l'obtention d'un permis de conduire sont agréés par le ministre. Avant d'exercer leurs fonctions, ils prêtent devant le ministre le serment qui suit : Je jure de remplir mes fonctions avec intégrité, exactitude et impartialité.

Sans préjudice des dispositions de la législation relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel, le ministre est autorisé, dans le cadre de la gestion des permis de conduire, à collecter, utiliser et traiter des données relatives à la santé et des données judiciaires. Cette même autorisation vaut pour la SNCA, agissant comme sous-traitant du ministre dans l'accomplissement de ses missions légales prévues à l'alinéa 1<sup>er</sup>. »

Och beim Förschäin gëtt explizitt op den Traitement vu perséinlechen Donnéeën agaangen an d'SNCA dierf am Kader vun der Gerance vun de Förschäiner deemno och dës Donnéeën traitéieren a späicheren. Woubäi wéi schonn am Kader vun der Immatrikulatioun keng Donnéeë fir kommerziell Zwecker un Drëtter dierfe weider gi ginn.

Wat Tachographekaarten ubelaangt, esou kritt d'SNCA dës Missioun iwwert den Artikel 4 vum „règlement grand-ducal modifié du 16 juin 2011 concernant les modalités et les sanctions relatives à l'installation et l'utilisation des tachygraphes“ iwwerdreen.

« Art. 4.

La Société nationale de circulation automobile, désignée ci-après par le sigle SNCA, est chargée de l'émission et de la délivrance des cartes de tachy-





graphe définies à l'article 7. Cette tâche comporte notamment :

1. la vérification fiable et sans équivoque de l'identité du titulaire de chaque carte ;
2. l'émission, le renouvellement, le remplacement et l'échange de cartes ;
3. la personnalisation des cartes, la génération de leurs certificats électroniques et l'intégration sécurisée de ceux-ci dans les cartes ;
4. la mise à jour de la base de données des cartes délivrées, de leurs titulaires et de leurs certificats électroniques ;
5. la délivrance sécurisée des cartes et, le cas échéant, du code d'identification personnel requis pour l'accès à la carte ;
6. l'échange des informations inhérentes à l'émission, au renouvellement, au remplacement et à l'échange des cartes avec les autorités compétentes étrangères, y inclus les informations relatives aux déclarations de perte, de vol ou de mauvais fonctionnement de cartes émises soit par la SNCA, soit par des autorités étrangères ;
7. la définition et la publication des lignes de conduite applicables au processus de génération des certificats électroniques, en accord avec les lignes de conduites émises, sous la responsabilité de la Commission européenne, par l'organisme de certification européen.

Les tâches désignées sous c) sont susceptibles d'être sous-traitées.

Les données à fournir suivant les dispositions des articles 8 à 11 en vue de l'obtention au Grand-Duché de Luxembourg des cartes de tachygraphe dont question à l'article 7 sont traitées et enregistrées notamment sous forme électronique par la "SNCA" et tenues à la disposition de l'Administration des douanes et accises, de la Police grand-ducale, de l'Inspection du travail et des mines ainsi que des autorités compétentes de délivrance et de contrôle routier des autres États membres de l'Espace économique européen, de la Suisse ainsi que de ceux étant partie à l'AETR précité. »

Aus all dësen Explikatiounen gëtt ersichtlech, datt, obwuel d'SNCA eng privat Sociéitéit ass an de Statut vun enger SARL huet, d'SNCA iwwert déi national Gesetzgebung verschidde Missiounen fir de Staat ausféieren kann. Et gëllt awer ze preziséieren, datt de Staat mat 75 % vun de Parten Hauptaktionär vun der SNCA ass. Déi reschtlech Parte ginn zu 20 % vun der Spuerkeess, zu 4,4 % vun der Fegarlux, zu 0,2 % vun der Sécurité routière, zu 0,2 % vun der Chambre des Métiers an zu 0,2 % vun der Confédération luxembourgeoise du commerce gehalten.

Do dernieft ass et wichteg drop ze verweisen, datt eng kloer Trennung tëschent der SNCA an der « Société nationale de contrôle technique » (SNCT) besteet. Am Joer 1993 krut déi deemoleg SNCT d'Aufgaben am Beräich vun der Immatriculation vu Gefierer zu Lëtzebuerg vum Transportministère iwwerdreen, esou datt déi deemoleg SNCT zoustänneg war fir d'Immatriculation an der technescher Kontroll vun de Gefierer. Am Joer 2002 krut d'SNCT schlussendlech och d'Aktivitéiten am Beräich vum Färschäin iwwerdreen. 2012 koom et schliisslech zu enger Restrukturatioun vun der deemoleger SNCT an aus der SNCT SARL gouf d'SNCA SARL an d'SNCT SA. Déi scho beschriwwen Aktivitéiten am Beräich vun der Immatriculation, dem Färschäin, dem Tachograph esou wéi am Beräich vun dem ADR goufe vun der SNCA iwwerholl. Déi eenzeg verbliwene Aktivitéit vun der SNCT ass schlussendlech d'technesche Kontroll.

D'SNCT ass eng privat Sociéitéit, woubäi den Haaptan eenzegten Aktionär d'SNCA ass. D'SNCT agéiert zanter der Reform vum technesche Kontroll am Joer 2016 um nationalen Niveau an engem konkurrenzellen Ëmfeld a muss seng Aktivitéite selwer finanzéieren. Wéi och déi aner zwee Acteuren am Marché vun der technescher Kontroll, schafft och d'SNCT ënnert engem Agreement vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, a muss sämtlech Dispositionen vum uewen ernimmte modifizéierte Gesetz vum 14. Februar 1955 an dem „règlement grand-ducal du 26 janvier 2016 sur le contrôle technique des véhicules routiers" anhalen. Deemno kritt d'SNCT keng finanziell Kontributiounen vum Staat an d'Personal vun der SNCT gëtt ënnert de gängige Konditiounen vu privaten Entreprises agestallt.

Wéi bei der SNCT gëtt aktuell och bei der SNCA d'Personal iwwert den ausgehandelte Kollektivvertrag agestallt a bezuelt, woubäi duerch dësen eng Grille ausgeschafft gouf an där d'Personal evoluéiert.

Am Budgetartikel 20.1.12.310 „Remboursement à la Société nationale de circulation automobile (SNCA) des frais pour l'exécution des tâches prévues par le Contrat de gestion entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et la SNCA" kënnen d'Remboursementen vun dem Staat un d'SNCA erëm fonnt ginn, woubäi wéi schonn erkläert, d'SNCA zum

gréissten Deel keng eege Recetten huet, mä déi Recetten direkt iwwert Taxen an d'Staatskeess fléissen. Deemno refakturéiert d'SNCA d'Personal esou wéi sämtlech aner Käschte mat engem definéierte Schlëssel un de Staat. Dëse Schlëssel ass esou berechent, datt just déi Elementer un de Staat verrechent ginn, déi d'SNCA duerch d'Gesetzgebung fir de Staat mécht. Beräicher wou d'SNCA eege Recettë generéiert, wéi dat bei der Agreatioun de Fall ass, ginn net un de Staat facturéiert.

**Question 5904** (09.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant le **recouvrement forcé** :

An der Chamberssitzung vum 24. Februar 2022 gouf am Kader vun enger Motioun diskutéiert, wéi d'Steierverwaltung d'Reegelen an d'Prozedure betreffend d'Andreiwé vu Steiergelder exekutéiert (Recouvrement forcé). Mir gi reegelméisseg Fäll vu Firmen a Persounen zougedroen, déi an engem Recouvrement forcé sinn. Wat opfält, ass wéi d'Accorden, déi mat der Steuerverwaltung getraff ginn, sech vu Fall zu Fall ënnerscheeden. Oft ass eng Persoun oder Firma op de gudden Wëlle vum Steierbüro ugewisen, fir een Accord ze fannen.

An deem Zesammenhang wëllt ech de Ministère fir den ëffentlechen Dëngscht a fir Finanzen dës Fro stellen:

1. Kann d'Finanzministesch erklären, wéi d'Steierverwaltung virgeet, fir ee Recouvrement forcé duerchzeféieren?
2. Wéi oft ass et 2020 an 2021 zu Andreiwunge kumm? Wéi verdeelt sech dës Unzuel un Zwangsandreiwungen op déi eenzel Steierbüroen hei am Land?
3. A verschiddene Fäll stellt de Recouvrement forcé fir de Steierzueler eng Existenzkris duer, well op eng Käier grouss Zomme Gelder mobiliséiert muss ginn. Dëst féiert a verschiddene Fäll zum Bankrott vun Organisatiounen a Privatpersounen.  
- Wéi geet d'Steierverwaltung vir, fir de Leit eng Chance ze loossen, hir Steierscholden ze bezuelen, ouni si an de Bankrott ze drécken?  
- Wéi eng Marge de manœuvre huet de Steierbüro, fir de Leit an esou Situatiounen entgéintzekommen?
4. Ech gouf vu Leit kontaktéiert, déi psychologesch weinst Steierscholden net méi mat hirem Liewe weider wëssen. Situatiounsbedengt kënnen d'Steierscholden zu Existenzängscht a Suizidgeanken féieren. Während der Covidpandemie gouf d'mental Gesondheet vun eiser Gesellschaft oft vun de Regierungsparteien thematiséiert.  
- Kréien d'Mënschen, déi a Steierscholden geroen, eng psychologesch Ënnerstëtzung während dem Recouvrement forcé ugebueden, fir d'Situatioun besser kënnen ze meeschten? Falls nee, wäert d'Regierung dat an d'Weeër leeden?  
- Wéi eng Moossnamen ënnerhëlt d'Steierverwaltung, fir de Leit d'Existenzängscht am Zesammenhang mam Recouvrement forcé ze huelen?
5. Wéi vill Recouvrementsdossiere goufen an de leschten zéng Joer clôturéiert, well de Steierzueler verscheet ass? Existéieren an deem Zesammenhang Liene mat Suiciden?
6. Här Minister, kritt d'Personal vun der Steuerverwaltung, dat am Recouvrement forcé schafft, d'Méiglechkeet u psychologesche Coursen deelzehuelen, fir se mental op schwierig Situatiounen anzustellen, déi an hirem Alldag kënnen optauchen? Existéiert fir d'Beamten och eng Ulafstell, un déi si sech bei mentale Problemer wende kënnen?

**Réponse commune** (08.04.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances*, et de **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique* :

All Contribuabel gëtt vun der Steuerverwaltung informéiert wat hien ze bezuelen huet a wéini hien de Betrag, deen e schëlleg ass ze bezuelen huet.

De geneeën Oflaf vun der Prozedur vum Recouvrement forcé ass den 1. Februar 2021 an der Finanza Budgetkommissioun ausféierlech beschriwwen ginn. Och goufen deemools déi verschidde Moyenen, déi dem Steierzueler am Härtefall zur Verfügung stinn, beschwat.

Am Fall vun den Avancé gëtt am Ufank vum Joer e Relevé un de Contribuabel geschéckt mat den Avancen, déi fixéiert goufen an den Datumer un deenen d'Avancen ze bezuele sinn.

Am Fall vun der Lounsteuer berechent den Employeur selwer wat ze bezuelen ass, hält de Montant vun der Pai zeréck a mécht d'Deklaratioun an de Versement vun der Lounsteuer un d'Steierverwaltung.

Am Fall vun der Besteuerung gëtt een Dekont un de Contribuabel geschéckt, mam Betrag deen ze bezuelen ass a mam Datum vun der Echeance.

De Contribuabel huet d'Méiglechkeet:  
- mat enger motivéierter Demande de Steierbüro ze froen, datt d'Avancen erfogéssat ginn;  
- no enger Besteuerung, a virun der Echeance vun

dëser Besteuerung, een Delai de paiement ouni Zënzen (4 Méint) oder mat reduzéierten Zënzen (5 Méint bis 12 Méint: 0,1 % oder 13 Méint bis 3 Joer: 0,2 %) beim Steierbüro unzufroen.

Et handelt sech a béide Fäll ëm eng Ermessensentscheidung nom §2 Steueranpassungsgesetz. E Recours hiérarchique géint esou eng Decisioun ass méiglech.

De Contribuabel ass zu all Moment iwwer seng Situatioun informéiert. No der Echeance kritt de Contribuabel all 3 Méint en Extrait de compte geschéckt.

De Contribuabel huet also eng sëllege Geleeënheeten sech ze regulariséieren, eier de recouvrement forcé ufänkt.

Wann de Contribuabel seng Scholden net bezitt, huet de Receveur vum Gesetz hir d'Obligatioun mat alle Moyenen, déi him zur Verfügung stinn d'Suen, déi dem Staat geschélt an echus sinn, anzedriewen.

D'Poursuite fänke mat enger Contrainte un, déi dem Contribuabel zesumme mat engem Commandement zougestallt gëtt.

Wann de Contribuabel no der Zoustellung vun der Contrainte an dem Commandement net bezitt, gräift de Receveur op déi verschidde Moyenen zeréck, déi him zur Verfügung stinn, fir d'Suen anzedriewen.

D'Berodung vun engem Contribuabel, dee Problemer mat Scholden huet, gehéiert net zu den Aufgaben vun der Steuerverwaltung. Et gi Servicer, déi an dëse Berodunge spezialiséiert sinn.

D'Steierverwaltung féiert keng Statistike betreffend d'Unzuel vu Recouvrementsdossieren, wou de Steierzueler verscheet ass. En Zesammenhang tëschent Recouvrement forcé a Suicide ass net bekannt.

Intern bitt d'Steierverwaltung keng spezifesch Formatiounen un. D'Personal vun der Steuerverwaltung, esou wéi all Agent oder Equippen, hunn awer Accès op all Coursen am INAP. De Service psychosocial vun der Fonction publique bitt an deem Kader sëllege Coursen un, déi ganz ënnerschiddlech Methode vermëttelen, wéi een individuell mat beelaaschtende Situatiounen ëmgeet. Doriwwer eraus bitt de Service psychosocial och op Mooss geschneidert Interventiounen fir Administratiounen un, an deenen déi Agenten d'office, duerch d'Natur vun der Aarbecht, méi héije psychosoziale Risiken ausgesat sinn. Dat sinn zum Beispill Supervisiounen, wou déi betreffend Agenten an der Equipe iwwert hir professionellt Verhalen an esou schwierige Situatiounen reflektéieren a Pisten ausschaffen, fir och op laang Dauer, trotz esou enger Belaaschtung, gesond ze bleiwen.

De Service psychosocial vun der Fonction publique ass eng Ulafstell fir all Agent aus der Fonction publique, also och fir déi Agenten aus der Steuerverwaltung. Qualifizéiert Psychologen an Psychotherapeuten offréieren hei individuell a vertraulich psychologesch Berodungen - fir Agenten, déi sech an enger akuter Belaaschtungssituatioun befinnen, mee och fir déi, déi méi präventiv wëlle schaffen. Dës Berodung ass e Service vum Employeur Staat a gratis fir all d'Agenten.

**Question 5906** (09.03.2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*) concernant l'**aide luxembourgeoise à l'Ukraine** :

Le 8 mars 2022, le Président de l'Ukraine Volodymyr Zelensky a publié un message sur les réseaux sociaux faisant état d'un entretien téléphonique avec Monsieur le Premier Ministre. Il y explique notamment avoir remercié Monsieur le Premier Ministre pour une aide à hauteur de 250 millions d'euros (« Thanked for €250 million in aid, leadership in sanctions policy, support for Ukrainian refugees. »).

Selon nos informations, obtenues par l'intermédiaire de Monsieur le Ministre de la Défense, les contributions à l'Ukraine gérées par le Ministère de la Défense seraient estimées à environ 11 millions d'euros.

Ainsi, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Premier Ministre :

1) Est-ce que Monsieur le Premier Ministre a bien évoqué une aide du Luxembourg à l'Ukraine à hauteur de 250 millions d'euros dans son entretien téléphonique avec le Président ukrainien ?

2) Pouvez-vous me donner la ventilation détaillée du montant d'aide du Luxembourg déjà fourni ou promi à l'Ukraine depuis le début des hostilités ?

**Réponse** (16.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État* :

Lors de son entretien téléphonique avec le Premier Ministre Bettel, le Président Zelensky a évoqué le montant de 250 millions d'euros dans le cadre de l'aide fournie à l'Ukraine par les partenaires européens.

Sur le plan humanitaire, le Luxembourg a annoncé une contribution à hauteur de 2.870.000 euros pour soutenir les interventions d'urgence de ses partenaires des Nations Unies, du mouvement international de la Croix-Rouge et des ONG luxembourgeoises en Ukraine et dans les pays voisins accueillant des réfugiés ukrainiens (Pologne, Hongrie, Slovaquie et Moldavie). En outre des contributions financières, le Luxembourg a, à travers son bras opérationnel emergency.lu, organisé des sessions de formation de mise en place et utilisation d'antennes satellites pour le personnel du Emergency Telecommunications Cluster en Pologne. À côté de la formation des partenaires humanitaires, du matériel de connectivité de emergency.lu est en route d'être prépositionné en Pologne et pourra être déployé en Ukraine dès que l'accès humanitaire sera garanti. Cette contribution en nature par emergency.lu s'ajoute aux contributions en matériel du Corps grand-ducal d'incendie et de secours et du Ministère de la Santé qui sont en cours d'être acheminées vers la région. En tout, plus de 50 tonnes de matériel de lutte contre les incendies ainsi que du matériel médical et médicaments ont été mis à disposition par le Luxembourg. Une aide militaire a également été fournie à l'Ukraine.

**Question 5907** (09.10.2022) de **M. André Bauler** (*DP*) concernant le **changement du concept du Centre Hospitalier du Nord** :

Am Norde vum Land assuréiere just zwee Sitte vum Centre Hospitalier du Nord d'Gesondheetsversuergung vun de Bierger. Elo ass mir zu Ouere kumm, datt d'Klinik zu Wolz an eng Dagesklinik soll ëmgewandelt ginn.

Dofir wollt ech der Madamm Gesondheetsministesch folgend Froe stellen:

1. Ass d'Madamm Ministesch informéiert iwwer d'Ännerungen, déi d'Wheelzer Klinik solle betreffen? Wa jo, wéi soll d'Konzept vun esou enger Dagesklinik ausgesinn?

2. Wat géif d'Schafung vun enger Dagesklinik fir den Urgendendëngscht an der Wheelzer Klinik bedeuten? Wäert dee weider oprecht erhalen kënnen ginn?

3. Wéi gesäit d'Madamm Minister d'Zukunft vun der Wheelzer Klinik? Wat muss ënnerholl ginn, fir datt dee beschtméigleche Service um Klinikstanduert Wolz am Dëngscht vun de Patienten aus dem ländleche Raum garantéiert ka bleiwen?

4. Wéi een Impakt wäert d'Ëmwandlung vun der Wheelzer Klinik an eng Dagesklinik op den Ettelbrécker Site vum Centre Hospitalier du Nord hunn?

**Réponse** (20.04.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. De Gesondheetsministère huet keng Informatiounen iwwert Ännerungen am Besuch op d'Fro vum honorablen Deputéierten. Wann Ännerunge géife kommen, missten déi am Rahmen vum Spidolsgesetz an den Autorisatiounen vun de Services hospitaliers ugefrot ginn an autoriséiert ginn. Am Sënn vun engem effiziente Bedreiw vum de stationäre Better am Beräich Chirurgie ass um Site Wolz niewent dem Hôpital de jour mat zéng Plazen d'Unité stationnaire vu méindes bis freides op.

ad 2. D'Poliklinik um Site Wolz ass all Dag vu 7.00 bis 19.00 Auer, och weekends a Feierdeeg, fir ambulante Patienten op.

ad 3. Am Sënn vun enger optimaler medezinnescher Versuergung vun der Bevëlkerung ass et dem Gesondheetsminister wichteg, dass d'Verdeelung vun de Servicer um Site Ettelbréck a Site Wolz effizient organiséiert ass, an dass d'Complementaritéit tëschent den zwee Servicer souwuel am Sënn vun der Sécherheet vum Patient wéi och der Organisation vun der Prise en charge médicale a soignante beschtméiglech realiséiert gëtt.

ad 4. Wéi an der Fro 1 beschriwwen, ass dem Gesondheetsminister kee Projet an deem Sënn ënnerbreet ginn.

**Question 5909** (10.03.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant la **sécurité alimentaire** :

Am Hibleck op de Krich an der Ukrain stellen sech och fir Lëtzebuerg Froen, wat d'Ernierungssécherheet hei am Land uegt. Et muss een dobäi wëssen, datt esouwuel Russland, ewéi och d'Ukrain zu de ganz grouss Länner gehéieren, wat den Export vu Liewensmëttel an/oder der Basis fir d'Hierstellung vu Liewensmëttel uegt. Russland ass e ganz groussen Exporteur vu Weess an d'Ukrain ass iwwerdeems weltwäit de gréissten Exporteur vu Raps- a Sonneblummenueleg. Besonnesch brisant ass an deem Kontext, datt dëse Raps- a Sonneblummenueleg duerch deen héije Proteinwäert als Basis fir d'Produktioun vu Fuddermëttel onverzichtbar ass.





Eis Bauere stinn elo scho finanziell staark ënner Drock wann ee bedenkt, datt eleng de Präis fir den Dünger zu Lëtzebuerg am Joer 2021 par rapport zu 2020 ëm 195 Prozent geklommen ass. D'Präisser fir d'Fuddermëttel sinn am nammlechten Zäitraum ëm 14 Prozent an d'Luucht gaangen. Duerch d'Ukrain-Kris wäerten d'Präisser fir Agrarproduiten zousätzlech ferm an d'Luucht goen, esou datt een sech elo seriö Gedanken misst maachen, esou wuel wat déi europäesch, ewéi och wat déi national Ernierungssécherheet ugeet.

Wann d'Liewensmëttelpräisser weider esou massiv klammen, stellt dat virun allem fir déi finanziell schwach Leit a Stéit en eeschthafte Problem duer. Déi vun der Regierung geféiert Fokusséierung op Biolandwirtschaft kéint dës Problem nach zousätzlech verschäerfen, well jo gewosst ass, datt d'Biolandwirtschaft manner ertragräich ass.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister:

1. Kann den Här Minister opschlësselen, wéi vill Liewensmëttel Lëtzebuerg - opgeschlësselt no der Quantitéit vun deene jeeweilege Liewensmëttel - an deene leschte Joren aus der Ukrain bezunn huet?

2. Kann den Här Minister opschlësselen, wéi vill Liewensmëttel Lëtzebuerg - opgeschlësselt no der Quantitéit vun deene jeeweilege Liewensmëttel - an deene leschte Joren aus Russland bezunn huet?

3. Wéi schätzt den Här Minister d'Situatioun an der Ukrain an am Hibleck op d'Versuergungssécherheet mat Liewensmëttel fir Lëtzebuerg?

4. Sollt et an deem Kontext, esou wéi dat vu ville Fachleit virausgesot gëtt, weiderhin zu enger massiver Deierecht vun Agrarprodukte kommen: Wéi gedenkt de Landwirtschaftsministère, fir dës Deierecht - esouwuel fir de Bauer, ewéi och fir den Endverbraucher, deen d'Liewensmëttel keeft - ofzefiedere? Wéi eng konkret Mesurë sinn hei geplangt?

5. Sollten sech an Zukunft eescht Problemer stellen am Hibleck op déi Lëtzeburger Versuergungssécherheet mat Liewensmëttel, gedenkt de Landwirtschaftsminister an deem Fall seng Landwirtschaftspolitik generell ze iwwerdenken, fir d'Ernierungssécherheet weiderhin ze garantéieren - wuel wëssend, datt déi biologesch Landwirtschaft manner ertragräich ass, ewéi déi konventionell?

**Réponse commune** (25.04.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*, et de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie* :

ad 1. + 2. D'Tableauen hei ënnendrenner ginn d'Donnéee vum Statec erëm zu den Importer vu Liewensmëttelproduiten aus der Ukrain an aus Russland, engersäits fir Produiten déi an deene Länner akaaft ginn an anerersäits fir Produiten, déi do hiergestallt ginn.

A béide Fäll sinn dës Zuelen zimmlech niddreg a leie gréisstendeels no bei Null.

Zu den Zuelen zu den Hierstellungslänner sief bemierkt, dass déi disponibel Donnéeën net ëmmer vun héijer Zouverlässegkeet sinn. D'Betriber oder deenen hir Fiduciaire, déi dës Donnéeën un de Statec ginn, maachen net ëmmer den Ënnerschied tëschent dem Ursprungsland (pays de provenance) an dem Hierstellungsland (pays producteur), an dorwiewer eraus kann och d'Land, wou et eng substanzuell Verännerung um Produit gouf, als Hierstellungsland vum Produit ugesi ginn.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 3. D'Versuergungssécherheet mat Liewensmëttel ass zu Lëtzebuerg nach ëmmer garantéiert, och wann eng Präishausse feststellen ass. Dofir mussen awer och d'Grenze fir Liewensmëttel an Europa opbleiwen. D'Covidkris huet gewisen, wéi wichteg dat war an ass.

ad 4. D'Versuergung mat Liewensmëttel ass d'Prioritéit vun der Landwirtschaft.

An deem Sënn huet de Landwirtschaftsministère decidéiert, sou wéi d'EU-Kommissioun et proposéiert huet, datt d'Vorrangflächen am Kader vum „Greening“ dës Joer genotzt kënnen ginn, zu Lëtzebuerg kommen do ronn 260 ha dofir a Fro.

Folgend Aidé fir d'landwirtschaftlech Betriber si virgesinn, fir dem Effekt vun der Präishausse entgéint ze wierken:

Éichtens maache mer eng drëtt a lescht Relance vun der „Covidschwéngsaide“, hei gesi mer bis zu 40.000 Euro pro Betrib vir. Dossiere mussen bis de 15. Mee agereecht ginn.

Zweetens erméiglecht et Bréissel, fir am Kader vum Artikel 219 vun der OCM-unique eng Aide ze bezuelen. Lëtzebuerg kritt do eng Enveloppe vu 443.570 Euro zur Verfügung gestallt. Dës Montant gëtt, sou wéi d'Kommissioun et och erlaabt, nach eng Kéier ëm 200 % erhéicht, sou datt mer eng Gesamt-enveloppe vun 1.330.710 Euro un d'Betriber ausbezuelen. D'Modalitéite vun dëser Aide ginn esou ge-

wielt, fir eng méiglechst gerecht Verdeelung tëschent de verschiddene Betribsausrichtungen ze erreechen.

Drëttens ass am Tripartite-Accord d'Méiglechkeet festgehalen ginn, fir eng Aide fir Betriber aus der landwirtschaftlecher Primärproduktioun anzeféieren, dës am Kader vum europäesche „Cadre temporaire pour crise“ fir staatlech Bähëllef vum 24. Mäerz 2022.

Dofir mussen nach weider Donnéeën gesammelt ginn, fir d'ekonomesch Entwécklung an den nächste Wochen ze analyséieren, ier eng definitiv Decisioun iwwert d'Modalitéite vu sou enger Aide geholl ka ginn.

Bezüglich dem Endverbraucher gëtt op d'Mesure fir d'Verbesserung vun der Kafkraaft aus dem Tripartite-Accord verwisen.

ad 5. Déi zukünfteg Landwirtschaftspolitik baut op dem „Plan stratégique national“, kuerz PSN, am Kader vun der europäescher Agrarpolitik op. Dës Plang ass elo wéi gewosst an der Verhandlungsprozedur mat der EU-Kommissioun. Dës Plang baséiert op den dräi Piliere vun der Nohaltegkeet: der Wirtschaftlechkeet, der Ekologie an de sozialen Aspekter, a gëtt elo net a Fro gestallt.

Eng absolut Prioritéit ass d'Ofsécherung vun der Liewensmëttelversuergung. Dofir huet Lëtzebuerg op de leschten Agrarministerconseilen d'EU-Kommissioun reegelméisseg dozou opgefuert, datt d'Begutachtung vum PSN och dem Aspekt vun der Liewensmëttelsouveränitéit Rechnung droe muss.

**Question 5910** (10.03.2022) de **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*) concernant la **prime énergie pour les ménages à faible revenu** :

Considérant la flambée exceptionnelle des prix de l'énergie, notamment des prix de carburants, ainsi que la baisse du pouvoir d'achat, il est primordial d'offrir un soulagement financier aux ménages les plus vulnérables, qui sont le plus touchés par ces développements. Afin de soutenir les ménages à revenu modeste au-delà de la dernière hausse de l'allocation de vie chère au 1<sup>er</sup> janvier 2022, le Gouvernement a décidé d'introduire dans un bref délai une prime énergie supplémentaire. Cette prime unique, qui peut varier entre 200 € et 400 €, est versée automatiquement aux ménages bénéficiaires de l'allocation de vie chère et peut être demandée par des ménages dont le revenu est jusqu'à 25 % supérieur au revenu éligible pour celle-ci.

Dans ce contexte, je voudrais avoir les renseignements suivants de Madame la Ministre de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région :

- Vu la flambée des prix d'énergie, est-ce que Madame la Ministre a prévu une campagne de communication à brève échéance autour de l'introduction de cette nouvelle prime énergie et à destination des ménages concernés qui ne seront pas automatiquement bénéficiaires de cette aide financière ?

- Madame la Ministre est-elle en mesure de nous fournir les chiffres concernant le nombre de ménages éligibles pour cette nouvelle prime ?

**Réponse** (07.04.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration, Ministre à la Grande Région* :

Afin d'informer le public de l'introduction de la prime énergie, j'ai effectivement lancé une campagne d'information.

Cette campagne d'information s'est déroulée entre le 28 mars et le 3 avril 2022. Elle consistait en des « banniers » en langue luxembourgeoise sur le site de RTL ([www.rtl.lu](http://www.rtl.lu)), des « banniers » en langue française sur le site du quotidien « L'Essentiel » ([www.lesentiel.lu](http://www.lesentiel.lu)), des annonces et des « banniers » en langues luxembourgeoise et française sur la page Facebook du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région et en une annonce en langue portugaise dans l'hebdomadaire « Contacto ».

En date du 21 mars 2022, j'ai aussi publié un communiqué de presse pour annoncer cette prime énergie.

## Le saviez-vous ?

### PROPOSITION DE LOI

Une proposition de loi est une initiative législative émanant d'un député. De même que pour les projets de loi, l'auteur de la proposition de loi expose l'objectif de sa proposition et en commente les articles.

Alors que cette prime unique pourra aussi être demandée par des ménages qui ne sont pas éligibles pour l'allocation de vie chère (AVC), mais dont le revenu est supérieur de 25 % au revenu éligible pour l'AVC, il est estimé que quelque 10.000 nouveaux bénéficiaires pourraient se voir accorder cette prime énergie. Pour rappel : au titre de l'année 2021, 22.430 ménages ont reçu une AVC.

**Question 5911** (10.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant la **situation de M. Roman Protassewitsch** :

Am Mee 2021 hat de Regimm vum belarussesche President Alexander Lukaschenko ee Ryanair-Fliger um Wee vun Athen op Vilnius mat engem Kampffliger zur Tëschelandung zu Minsk gezwongen. Dës erzwonge Landung gouf deemools mat enger akuter Bommendroung begrënn. Ënner deene méi wéi honnert Passagéier u Bord waren och de Regimmkritiker Roman Protassewitsch, Matgrënner vum Telegram-Kanal Nexta, a seng Frëndin Sofja Sapega. Déi jonk Koppel gouf no der Landung verhaft. No enger Bomm ass am Fliger ni gesicht ginn. D'EU, d'USA an d'Veereenegt Kinnekräich hunn doropshin hir Sanktiounen géint Belarus verschäerft.

Den Här Protassewitsch gouf no dëser Aktioun vun de Staatsmedien am Belarus viru lafender Kamera humiliéiert a sëtzt säit deem am Belarus fest.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Bausseminister:

1. Verfüügt den Här Minister iwwer fiabel Informatiounen, wéi et dem Här Roman Protassewitsch a senger Frëndin, der Madamm Sofja Sapega, am Ablack geet?

2. Wier den Här Minister bereet, beim belarussesche President ze intervenéieren, fir datt de Roman Protassewitsch, d'Sofja Sapega an eventuell nach aner politesch Gefaangener aus dem Belarus ausreese kéinten an zu Lëtzebuerg kéinten Asyl kréien?

**Réponse** (11.04.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1. Fiabel Informatiounen aus dem Belarus ze kréien ass schwéier. Mam Krich an der Ukrain ass dës nach méi schwéier ginn. Organisatiounen, déi direkt Kontakter a Wäissrussland hunn, hunn awer confirméiert, datt den Här Protassewitsch an d'Madamm Sapega nach ëmmer ënnert Hausarrest stinn. Hinnen ginn eng Rei dubiéis kriminell Dote virgeworf, een Datum fir ee Prozess ass awer nach net bekannt.

ad 2. Eisen Informatiounen no ginn et momentan 1.083 politesch Prisonéier am Belarus. De Roman Protassewitsch huet viru senger Verhaftung am Mee 2021 eng Demande fir politeschen Asyl a Polen gestallt. Säit 2020 huet hien a Litauen gelieft. Bis ewell hunn d'Efforte vun dësen Länner, wéi och déi vun der EU, näischt erginn. Et ass auszuschléissen, datt de belarussesche President eng Fräiloossung vum Roman Protassewitsch, oder vun der Madamm Sapega, virun hirem Prozess envisagéiere géif.

**Question 5913** (10.03.2022) de **M. Roy Reding** (*ADR*) concernant les **dividendes de la part de POST Luxembourg** :

POST steet weinst den Niddregzënsen finanziell ënner Drock a muss eng Rei Moossnamen huelen, fir deem entgéint ze wierken. Säit dem 1. Januar mussen Clienten vu Postscheckkonten zousätzlech Fraise bezuelen, an uechter d'Land ginn ëmmer méi Postbüroen zou, wat en immensen Effekt op d'Liewensqualitéit an dat soziaalt Liewen am ländleche Raum huet.

An deem Zesammenhang géing ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Wéi eng Zomm huet de Staat als 100 Prozent Aktionär vu POST an de Joren 2013 bis 2021 jeeweils als Dividend empfaangen?

2. Gesäit d'Regierung am Kader vum finanziellen Drock, ënnert deem POST steet, vir, fir an den nächste Joren op eng Dividend ze verzichten, fir d'Eegekapital vum Betrib net weider ze belasschen?

3. Sidd Dir net och der Meenung, datt POST eng wichteg Missioun vun „intérêt public“ ze erfëllen huet, an hir Decisiounen net eleng op Rentabilitéitscritère soll baséieren?

**Réponse commune** (14.04.2022) de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*, et de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

De Staat kritt vu POST Lëtzebuerg all Joer Dividenden, déi sech op den Exercice vum Joer virdu bezéien. Fir d'Exercicë vun 2013 bis 2020 goufe folgend Dividenden ausbezuelet:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

Den Artikel 46(2) vum ëmgeännerte Gesetz vum 10. August 1992 (loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications) leet fest, wat mam Gewënn vu POST Lëtzebuerg geschitt. Ee bestëmmten Deel vum Gewënn muss all Joer an e Fong transferéiert ginn aus deem d'Investissementen vu POST Lëtzebuerg finanzéiert ginn. Dorwiewer eraus gëtt et en Accord mat der Regierung, dass d'Liquiditéit vu POST Lëtzebuerg och bei de Berechnunge vun Dividende berécksiichtegt ginn. Dat alles bestëmmt also, wéi vill Dividenden de Staat all Joer vu POST Lëtzebuerg kritt.

POST Lëtzebuerg erfëllt ganz vill Missiounen „d'intérêt public“. Wéi eng dat sinn, gëtt entweder iwwert d'Gesetz (Service universel) oder iwwert d'Konventiounen, sougenannte „SIEG“ (Service d'intérêt économique général), festgeluecht. Dem Gesetz vum 26. Dezember 2012 iwwert d'Postservicer no, gehéiert d'Bedreiwe vu Postbüroen net zu esou enger Missioun.

Bei all hiren Aktivitéite muss POST sech engem staarke konkurrenzellen a reguléierten Ëmfeld stellen, dofir muss de Betrib och no privatwirtschaftleche Krittäre gefouert ginn. Dat verhënnert awer net, datt POST hir Roll am Respekt vun hirer sozialer Verantwortung erfëllt, an hiren Engagement dofir wäit iwwert eng reng ekonomesch Approche eraus geet.

**Question 5914** (10.03.2022) de **M. Gusty Graas** (*DP*) concernant la **connexion ferroviaire de fret entre le Grand-Duché et l'Asie** :

Selon des informations relayées par la presse écrite, la ligne ferroviaire entre Bettembourg et Chengdu, qui devrait connecter le Luxembourg à la « nouvelle route de soie » et créer une connexion ferroviaire de fret entre le Grand-Duché et l'Asie, ne connaîtrait pas le succès escompté. En effet, depuis un premier essai en 2019, aucun autre train n'aurait fait le chemin vers la Chine.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

- Est-il prévu de poursuivre le projet d'une connexion entre Bettembourg et Chengdu ?

- Quelles sont les raisons pour lesquelles cette connexion ne connaît pas le succès escompté ?

- De quelle manière est-il prévu de renforcer l'attractivité de cette connexion ?

- En quoi consiste la stratégie des CFL pour promouvoir les connexions de fret vers l'Asie ? Le cas échéant, est-il prévu de promouvoir d'autres lignes ?

**Réponse** (21.04.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

Mes réponses aux questions parlementaires 0818 du 20 juin 2019 et 3342 du 18 décembre 2020 mentionnaient que la décision finale concernant le démarrage de nouvelles connexions ferroviaires entre les terminaux chinois et européens revient aux partenaires chinois qui eux seuls décident d'attribuer les subventions nécessaires à la viabilité de ces services. À l'heure actuelle, ceci est toujours le cas.

Les partenaires chinois n'ayant pour l'instant pas fait le choix du Luxembourg, les CFL se sont concentrés sur le développement de leur réseau intermodal européen, avec notamment le démarrage de connexions intermodales régulières sur l'Allemagne, vers Kiel depuis janvier 2020 et Rostock depuis janvier 2021. Par ailleurs, les CFL ont également lancé une connexion intermodale vers Poznan en Pologne à raison de quatre allers-retours par semaine. Les trains intermodaux vers Rostock et Poznan permettent des connexions vers la Chine, via Kaliningrad respectivement le point frontière Malaszewicz/Brest, et ce plusieurs fois par semaine. Cette approche permet de promouvoir le hub luxembourgeois auprès des acteurs eurasiatiques et logisticiens spécialisés sur l'axe Europe-Chine. Cependant, il est important de rappeler que le cœur de métier des CFL est le marché européen. En 2021, le groupe aura transporté près de 90.000 unités de transport intermodales sur ses trains au travers de sa filiale CFL intermodal.

Les CFL continuent d'entretenir des contacts réguliers avec les acteurs eurasiatiques et logisticiens spécialisés sur l'axe Europe-Chine. Toutefois le récent déclenchement du conflit en Ukraine va avoir un impact certain sur l'offre ferroviaire entre l'Europe et l'Asie, en tout cas à court terme. Le principal itinéraire passant par la Russie et par la Biélorussie, l'exclusion des sociétés de chemins de fer russes et biélorusses de l'Union internationale des chemins de fer, les sanctions visant les opérateurs russes et biélorusses ainsi que l'annonce de certains grands groupes, clients de ces trains, de suspendre leurs envois par rail et de privilégier la voie maritime, ont déjà un impact négatif sur le nombre de trains circulant entre l'Europe et la Chine.





En conclusion, la stratégie des CFL est avant tout de construire un réseau européen de trains intermodaux, autour du hub de Bettembourg-Dudelange. En ce sens, l'entreprise ferroviaire se concentre sur la mise en place de connexions régulières et fiables entre le Luxembourg et les principaux centres économiques européens, tout en restant bien évidemment ouverte à toute demande des partenaires chinois ou du marché pour établir une liaison ferroviaire directe, si les conditions économiques et financières le permettent.

**Question 5915** (10.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **policiers à vélo** :

A menger parlamentarescher Fro Nr° 5750 vum 11. Februar 2022 hunn ech mech iwwert de Gebrauch vu Vëloen bei der Police informéiert.

An der Äntwert vum Minister krut ech matgedeelt, dass d'Police schonn zanter 20 Joer Vëloen hätt. Den Ament wieren et ongeféier 50 Stéck, ewéi 70 „équipements cyclistes“, déi iwwert déi véier Policeregionne verdeelt sinn. De Vëlo géing laut Ministère virun allem am „urbane Beräich“ zum Asaz kommen, mee opgrond vum generelle Personal-manktem wier dëst just sporadesch de Fall.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1. An der Äntwert schreift de Minister, dass de Vëlo virun allem am „urbane Beräich“ zum Asaz kënn. Wat si weider Fäll, an deenen d'Police op de Vëlo zeréckgräift?
2. Wéi ville Policebüroen an de véier Policeregionne sti Vëloen zur Verfügung? Wou kommen déi och reegelméisseg an den Asaz?
3. Wéi vill vun de 50 Vëloen:
  - sinn E-Bikes?
  - si Pedelecs?
  - sinn „normal“ Vëloen ouni zousätzlech elektro-nesch Hëllef?
4. Wéi al sinn déi 50 Vëloen? (Median, Moyenne, Maximum & Minimum)
5. Sinn déi 50 Vëloen all an engem gudden Zou-stand? Wéi oft gëtt den Zoustand vun de Vëloen kontrolléiert?
6. Wat ass konkreet ënnert „70 équipements cyclistes“ ze verstoen? Wat fir Material fält genau dorënner?
7. Wéi vill Demandé fir een neie Vëlo ze kréien, oder een ersat ze kréien, goufen zënter 2018 vu Polizisten un d'Policedirektioun gestallt? Wéi vill dovunner goufen accordéiert?
8. Wéi vill Asätz vu Vëlospoliziste goufen an de leschte véier Joren an de véier Policeregionnen en-registréiert? (opgelëscht no Joer a Policeregion)

**Réponse** (16.03.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1. D'Police kann a ville Fäll op de Vëlo zeréckgräifen, esou datt eng exhaustiv Opzielung vun deene Fäll an dësem Kader ze wäit féiere géif. Hei just e puer Beispiller, wou de Vëlo kann agesat ginn:

- statesch Verkéiersposten,
- Kontakt mat der Bevëlkerung sichen,
- Eskortten oder Begleedung vu sportleche Manifestatiounen.

ad 2. Am Secteur vun der Stad Lëtzebuerg sinn iwwer 20 Vëloen op déi verschidde Kommissariater verdeelt.

An deenen anere Regionne sinn et der tëschent sechs an enger gudder Dosen.

D'Vëloen komme reegelméisseg zum Asaz bei den ënnert Punkt 1. erwänte Missiounen.

ad 3. D'Police verfüügt momentan nach net iwwer E-Bikes oder Pedelecs. Et gëtt awer un engem entspreche-nde Projet geschafft, deen och den domat verbonnenen erweiderten Asazspektrum analyséiert.

ad 4. Déi aktuell Dotatioun vun der Police gouf tëscht 2003 an 2010 ugeluecht an ënnerläit engem reegelméissegem Entretien respektiv gëtt erneiert, wann néideg.

ad 5. Den Entretien vun de Policevëloen erfollegt duerch speziell forméiert Motosmechatroniker am Atelier vun der Police. Dëst garantéiert, dass de Vëlospark vun der Police ëmmer an engem gudden techneschen Zoustand ass. D'Heefegkeet vun den Entretiensarbechten hänkt vum Gebrauch vun de Vëloen of.

ad 6. D'Vëlostenuue setzt sech, zousätzlech zu der allgemenger Ausrüstung, déi jiddwer Polizist besëtzt, aus follgende spezifeschen Dealer zesummen:

- pantalon bermuda pour cycliste,
- souliers cyclistes,
- gants cyclistes noirs en cuir-étoffe,
- veste anti-pluie (selon la situation météorologique),

- casque unicolore recouvert d'une housse « POLICE ».

ad 7. Eng automatiséiert Recherche fir dës Statistik ze liwweren ass leider net méiglech.

ad 8. D'Police féiert keng separat Statistiken iwwert d'Asetze vu Vëlospatrullen, esou dass et net méiglech ass, déi gefroten Donnéeën ze liwweren.

**Question 5917** (10.03.2022) de **M. Max Hengel** (*CSV*) concernant le **nouveau système d'alerte** :

D'lescht Woch huet den Inneministère annoncéiert, datt en neie Warnsystem fir d'Bevëlkerung op d'Bee gestallt gëtt. Bis Enn des Jores soll déi nei Plattform operationell sinn an och e System drun ugeschloss ginn, deen et erméiglecht, cibléiert SMSen u Leit ze schécken.

Vun der neier Plattform aus kënnen vill verschidde Kanäl gespeist ginn, déi d'Leit am Fall vu Katastrophen oder Intemperien, wéi zum Beispill engem Stuerm oder Iwwerschwemmungen, solle warnen. Dozou zielen ënner anerem SMSen, Communiquéen un d'Press oder d'GouvAlert-App.

Laut Informatiounen vun der Press hofft ee bis am spéide Summer 2023, och e sougenannte „Cell Broadcast“ kënnen ze offréieren. Bei deem System gëtt permanent vun de Sendemasten aus eng Push-Noricht un all mobill Geräter geschéckt, déi sech an engem Geforeberäich befannen. De Virdeel heivunner ass, datt jiddereen, dee vun der Gefor be-traff ass, alertéiert gëtt. Dat heescht, och Leit, déi réischt méi spéit an déi Zon erakommen.

An enger éischer Phas soll d'GouvAlert-App weider ausgebaut ginn. An enger zweeter Phas ginn dann net nëmmen Alerten zougestallt, mä et kann ee sech och fir méi cibléiert Informatiounen abonéieren.

Beim Système d'alerte wëll een iergendwann dohin-ner kommen, datt dëse souwäit automatiséiert gëtt wéi méiglech, fir séier ze reagieren am Fall vu Geforen. Sou kann een sech virstellen, divers Miess-statiounen un dësen unzeschleissen, genauso wéi och de Galileo-Warning-System, deen iwwer Satellit funktionéiert.

D'EU-Direktiv 2018/1972 iwwert den europäesche Kodex fir elektronesch Kommunikatioun gesäit vir, datt fir de Summer 2022 europawäit performant effentlech Warnsystemer am Asaz sinn.

Virun dësem Hannergrond hunn ech follgend Froen un d'Regierung:

- Ass d'Regierung der Meenung, datt mat der neier Plattform d'Ziler zu den effentleche Warnsystemer wéi vun der Direktiv 2018/1972 virgesinn, zefriddestellend ëmgasat sinn?

- Ginn et Berechnungen wéi séier d'Majoritéit vun der Populatioun am Fall vun enger akuter Gefor ka gewarnt ginn, esouwuel mam aktuelle System wéi och mam zukünftege Cell Broadcasting?

- Wann nee, deelt d'Regierung d'Meenung datt esou Berechnungen sënnvoll wieren?

- Stëmmt et, dass Cell Broadcasting eréischt Enn Summer 2023 operationell ka sinn?

- Wa jo, wat sinn d'Contrainten, datt dat net méi séier geet?

- Wisou gouf dat net éischer an d'Weeër geleet?

- Kéint mam aktuelle System d'Populatioun gewarnt ginn, wann international Internetverbindungen gestéiert wieren? Wéi wier dat am Fall vu Cell Broadcasting?

**Réponse commune** (28.03.2022) de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur*, et de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre de la Digitalisation* :

D'Zil vun der Regierung ass, de staatleche Verwaltungen e performante Warnsystem zur Verfügung ze stellen, deen hinnen erlabe wäert, d'Populatioun bei Geforen adequat kënnen ze alertéieren.

Wéi beim Stuerm am Februar ze gesi war, si schonn éischt Optimiséierungen vum System ëmgasat ginn. D'Bevëlkerung konnt iwwer méi Kanäl iwwert déi potenziell Gefor informéiert ginn.

D'europäesch Direktiv 2018/19721 gesäit vir, datt een ënner enger Rei Konditiounen och eng Applicatioun als Warnsystem notze kann. D'Regierung gëtt sech awer, wéi schonn annoncéiert, net just mat engem eenzelne Warnkanal zefridden, mä setzt phaseweis eng global Léisung fir sämtlech betrafen Entitéiten en place. D'Konzeptionsphas vum Projet, grad wéi d'Berechnungen, déi gewisen hunn, wéi séier d'Populatioun iwwert déi verschidde Kanäl gewarnt ka ginn, hunn dozou geféiert, datt den neien Outil sech net nëmmen op den SMS-System wäert baséieren, mä och op d'Cell Broadcast-Technologie.

Den SMS-System ka wéinst der existéierender Technik méi séier operationell sinn. Beim Cell Broadcast müssen d'Mobilfunkbedreiwer - där et de Moment

dräi zu Lëtzebuerg ginn - déi néideg technesch Infrastrukturen en place setzen, déi mat der zukünfteger staatlecher Warnplattform, ouni déi de Cell Broadcast-System och net funktionéiere géif, kompatibel musse sinn. Den Developpement vun der Warnplattform ass rezent europawäit ausgeschriwwen ginn. An dësem Kader hält d'Regierung sech un d'Prozeduren, déi vum Gesetz iwwert d'effentlech Ausschreiwunge virgeschriwwen sinn.

Den SMS-System an de Cell Broadcast sinn net vum Internet ofhängeg, während d'GouvAlert-App et awer ass. Dëst ass och e weidere Grond, firwat op multipel Technologien a Warnkanäl, wourënner och d'Press fält, gesat gëtt.

**Question 5918** (11.03.2022) de **Mme Diane Adehm** (*CSV*) concernant l'**attribution de l'allocation de vie chère** :

Il ressort du dernier rapport annuel du Fonds national de la solidarité (FNS) que le nombre de bénéficiaires de l'AVC s'établit pour l'année 2020 à environ 23.000 personnes. Les chiffres publiés ne fournissent toutefois pas d'informations, notamment sur la typologie des personnes/ménages bénéficiaires.

C'est la raison pour laquelle j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre de la Famille :

1) Madame le Ministre peut-elle m'indiquer le nombre de personnes ayant formulé une demande en obtention de l'AVC et le nombre de bénéficiaires effectifs pour l'année 2021 ?

2) Combien de personnes ont pu bénéficier de l'allocation réduite au cours des cinq dernières années ? Ces personnes sont-elles reprises dans le total des personnes ayant pu bénéficier de l'AVC ?

3) Madame le Ministre peut-elle me fournir des données sur la composition des ménages ayant pu bénéficier de l'AVC respectivement de l'allocation réduite au cours des cinq dernières années ? À titre d'exemple :

- Combien de familles monoparentales ont pu en bénéficier ? Combien d'enfants ces personnes ont-elles à charge ?

- Combien de personnes « célibataires » ont bénéficié de l'allocation de vie chère voire de l'allocation réduite ? Combien de ces personnes sont débiteurs d'une pension alimentaire ? Les pensions alimentaires viennent-elles en déduction des revenus à disposition du requérant en vue de la détermination du revenu annuel global ?

4) Combien de personnes se sont vu refuser l'AVC voire l'allocation réduite en raison de la prise en compte d'allocations ou prestations touchées de la part d'un organisme public ou privé voire de pensions alimentaires ? Madame le Ministre peut-elle me fournir les détails à ce sujet pour les cinq dernières années ?

5) Combien de familles monoparentales n'ont pas pu bénéficier de l'AVC voire de l'allocation réduite en application des dispositions de non-cumul précitées ?

6) Madame le Ministre est-elle disposée de publier les informations sous rubrique dans les rapports annuels à venir ?

**Réponse commune** (11.04.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1) Au titre de l'année 2021, le Fonds national de solidarité (FNS) a enregistré 29.001 demandes en vue d'une allocation de vie chère (AVC) ; 22.430 ménages se sont vu accorder une AVC.

ad 2) Répartition des ménages bénéficiaires de l'allocation de vie chère selon le type d'allocation.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

À noter que les effectifs publiés par l'IGSS peuvent légèrement différer de ceux publiés par le Fonds national de solidarité (FNS) dans ses rapports d'activité car les logiques de comptabilisation des bénéficiaires au cours d'une année civile sont différentes.

Les bénéficiaires de l'allocation réduite sont compris dans le total des bénéficiaires de l'allocation de vie chère.

ad 3) Répartition des ménages bénéficiaires de l'allocation de vie chère selon le type de ménage et selon le type d'allocation.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Dans le tableau ci-avant, l'enfant est défini comme une personne âgée de moins de 18 ans.

Les pensions alimentaires débitées ne viennent pas en déduction des revenus à disposition du requérant en vue de la détermination du revenu annuel global. Par conséquent, c'est une information qui n'est pas collectée auprès des demandeurs de l'allocation de vie chère. Il n'est donc pas possible d'établir une statistique sur le nombre de personnes débiteurs d'une pension alimentaire.

ad 4) + 5) L'article 4 du règlement du Gouvernement en conseil du 19 novembre 2021 relatif à l'octroi d'une allocation de vie chère au titre de l'année 2022 précise les revenus pris en compte en vue de la détermination du revenu annuel global au sens de l'article 3 de ce même règlement. Cette définition du revenu annuel global est en vigueur depuis le règlement du Gouvernement en conseil du 10 novembre 2017 relatif à l'octroi d'une allocation de vie chère au titre de l'année 2018. Avant 2018, les allocations familiales, l'allocation de rentrée scolaire et l'allocation de naissance étaient également prises en compte en vue de la détermination du revenu annuel global.

L'estimation du nombre de ménages qui se sont vu refuser l'AVC (complète ou réduite) en raison de la prise en compte d'allocations ou prestations touchées de la part d'un organisme public ou privé voire de pensions alimentaires ne peut s'établir qu'à partir des demandes complètes introduites auprès du FNS et qui, en dehors du critère des revenus, respectent les autres critères d'éligibilité à l'AVC. Partant, il importe de souligner que cette estimation n'est pas représentative de la situation nationale car de nombreux ménages n'ont très probablement pas introduit de demandes d'AVC sachant par avance que leurs revenus se situaient au-dessus de la limite pour ouvrir le droit à l'AVC (complète ou réduite). Ces estimations doivent dès lors être lues comme des estimations plancher.

Estimation du nombre de ménages (dont ménages monoparentaux) qui se sont vu refuser l'AVC (complète ou réduite) en raison de la prise en compte d'allocations, de prestations ou de pensions alimentaires.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 6) Les données reprises sous 2) et 3) sont publiées sur le site Internet de l'Inspection générale de la sécurité sociale (<https://igss.gouvernement.lu/fr/statistiques/inclusion-sociale/serie-statistique.html>).

**Question 5919** (11.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant les **demandeurs de protection internationale** :

Dagdeeglech wiisst d'Zuel vun de Mënschen, déi aus der Ukrain bei eis op Lëtzebuerg kommen. Mir hunn et mat der gréisster a séierster Fluchtbewee-gung an Europa zënter dem Zweete Weltkrich ze dinn. Lëtzebuerg stellt dobäi eng ausseruerdentlech Hëllefsbereitschaft ënner Beweis. Dat ass en exemplaresche Beweis vu Solidaritéit fir eis ukrainesch Noperen an Nout. D'Situatioun an den Heemer, déi vum Staat a vun de Gemengen zur Verfügung gestallt ginn, ass awer scho méi laang ugespaant, well et u Plaze feelt.

Déi selwecht Flüchtlingskris huet mat sech bruecht, wéi d'Regierung op hirem Site matgedeelt huet, datt et un de Grenzen zur Ukrain eng Hellewull vun onbegleete Kanner ouni offiziell Dokumenter gëtt, déi u Bord vu privat organiséierten Transporter sinn. Déi oniwersiichtlech Émstänn an de Konfliktre-giounen an un de Grenze risquéiere leider, fir Mën-schenhandel méissbraucht ze ginn.

An deem Zesummenhank wéilt ech dem Här Bauseminister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit, deenen hir Asyl-demande vum Verwaltungsgeriicht a leschter Instanz ofgewise gouf, liewen am Abléck nach a staatlechen oder Gemengestrukturen, respektiv a staatlech subventionéierte Foyeren oder Wunnengen vun Hëllefsgesamtiounen?

2. Missten déi Leit, am Hibleck op déi aktuell Flüchtlingswell aus der Ukrain an den dréngende Besoin u Plazen an de Strukturen, elo net esou séier wéi méiglech d'Land verloossen, fir datt méi Plazen disponibel si fir Leit, déi aus der Ukrain bei eis kommen a wierklech och e Recht op Schutz hunn?

3. Geet den Här Minister dervun aus, datt Leit, déi aus der Ukrain kommen, awer net déi ukrainesch Nationalitéit hunn, an hir respektiv Länner missten zrëckgoen oder zrëckbruecht ginn an datt nëmmen Leit aus Drëttlänner, déi schonns an der Ukrain unerkannt Asylante waren, zu Lëtzebuerg an eng Asyl-oder Schutzprozedur komme sollten? Gëtt et eng EU-Positioun an där Fro an/oder wéi ass d'Politik an eisen Nopeschlänner géintiwuer deem Persounen-krees?





4. Ass den Här Minister bereet, am Hiblëck op d'Schleiseraktivitéiten un den ukrainesche Grenzen, Moosnamen ze ergäifen am Sënn vum UNO-Zou-sazprotokoll géint d'Schleisung vu Migranten iwwer Land, Loft oder Mier, dat vun der Europäescher Unioun am Numm vun den EU-Memberstaate ratifi-zéiert gouf? Wa jo, wéi eng Mesurë sinn dat?

**Réponse** (12.04.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1. Fir de Moment si ronn 5 % vun de Persounen, déi a Strukture vum ONA liewen, vun hirer Demande op internationale Schutz debutéiert.

ad 2. Onofhängeg vun der grousser Arrivée u Leit, déi aus der Ukrain geflücht sinn, gëtt proaktiv un de Retoure fir Leit, déi a séchere Konditiounen an hiert Hierkonftsland kënnen zrëckgoen, geschafft - dëst virun allem mat engem Accent um Retour volonta-ire an am Respekt vun der nationaler an europäe-scher Gesetzgebung.

ad 3. Ech verweisen op d'Äntwert op d'parlamenta-resch Fro Nr. 5841 vum 1. Mäerz 2022.

ad 4. Lëtzebuerg setzt allgemeng op eng concer-téiert europäesch Approche, notament iwwer d'Verstärke vun den europäeschen Agencen um Terrain, wéi Frontex an Europol, fir géint Schleiser-aktivitéite virzegoen.

**Question 5920** (11.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant l'**aide financière pour l'Ukraine** :

Wéi den 9. Mäerz am „Lëtzeburger Wort“ ze liese war, huet den ukrainesche President, den Här Selenskyj, sech am Kader vun engem Telefonat mam Här Staatsminister fir 250 Milliounen Euro u Lëtzeburger Ënnerstëtzungsgelder bedankt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- Kann d'Regierung preziséieren, ob et sech bei deenen 250 Milliounen Euro ëm Suen handelt, déi schonn un d'Ukrain ausbezuelt goufen, oder ëm e Montant, deen den Här Staatsminister nei an Aus-sicht gestallt huet? Handelt et sech ëm Sach- oder ëm Geldleeschungen? Sinn déi Leeschunge fir déi Leit, déi als Flüchtlinge bei eis kommen, an där Zomm mat dran oder nach net?

- Falls et sech ëm Suen handelt, déi scho gefloss sinn, kann d'Regierung da preziséiere wéi engem Zweck déi eenzel Montante gedéngt hunn, wien d'Empfänger waren an ënnert wéi engem jeeweilege Budgetartikel se ausbezuelt goufen?

- Falls den Här Staatsminister dës Zomm nei an Aussicht gestallt huet, wéi eng Leeschunge mus-sen dann iwwer de legislative Wee nach vun der Chamber autoriséiert ginn?

**Réponse commune** (21.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*, et de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

Fir d'Äntwert op déi gestallte Froen verweist d'Re-gierung op hir Äntwert vum 16. Mäerz 2022 op d'parlamentaresch Fro N° 5906.

**Question 5923** (11.03.2022) de **M. François Benoy** (*déi gréng*) concernant les **difficultés actuelles d'échanger de la monnaie ukrainienne** :

Avant de quitter leur pays en guerre, beaucoup de réfugié-e-s ukrainien-ne-s ont pris, face à l'incerti-tude de la situation actuelle, autant d'argent liquide que possible.

Ils se retrouvent donc désormais dans d'autres pays européens avec de l'argent liquide en Hryvnia, la monnaie ukrainienne. Or, suite à la mise en place de l'économie de guerre en Ukraine, il apparaît que les réfugié-e-s sont confronté-e-s à des difficultés pour échanger cet argent liquide en euros.

En effet, le marché de devises ukrainien a été tem-porairement mis à l'arrêt par la banque centrale ukrainienne. Par ailleurs, face aux incertitudes éco-nomiques liées à la guerre en Ukraine, il semble que certaines institutions financières et des bu-reaux de change en Europe n'acceptent plus l'é-change de monnaie ukrainienne ou bien proposent uniquement des taux désavantageux.

Dans ce contexte, je voudrais avoir les renseigne-ments suivants Madame la Ministre des Finances :

1) Dans quelle mesure est-ce que les réfugié-e-s ukrainien-ne-s accueilli-e-s au Luxembourg et déte-nant de l'argent en Hryvnia sont confronté-e-s à des difficultés pour échanger cet argent en euros ?

2) Madame la Ministre cherche-t-elle le contact avec les banques luxembourgeoises à ce sujet ? Dans l'affirmative, quelles sont les solutions discutées ?

3) Quelles sont les mesures concrètes envisagées par le Gouvernement et endéans quel délai seront-elles mises en œuvre ?

**Question 5962** (21.03.2022) de **M. François Benoy** (*déi gréng*) concernant les **difficultés d'utiliser des cartes de paiement ukrainiennes** :

En plus des difficultés pour échanger de l'argent li-quide en Hryvnia en euros, selon plusieurs articles de presse, les personnes ayant fui la guerre en Ukraine rencontrent désormais aussi des pro-blèmes pour utiliser leurs cartes de paiement ukrai-niennes notamment pour faire des retraits d'argent en euros.

Par conséquent, en plus des questions déjà formu-lées dans ma question parlementaire n° 5923 du 11 mars 2022, je voudrais poser les questions suivan-tes à Madame la Ministre des Finances :

1) Dans quelle mesure est-ce que les personnes ayant fui la guerre en Ukraine et accueillies au Luxembourg sont confrontées à des difficultés pour utiliser leurs cartes de paiement issues par des banques ukrainiennes, notamment pour effec-tuer des retraits au Luxembourg ?

2) Madame la Ministre cherche-t-elle le contact avec les banques luxembourgeoises à ce sujet ? Dans l'affirmative, quelles sont les solutions discutées ?

3) Quelles sont les mesures concrètes envisagées par le Gouvernement et endéans quel délai seront-elles mises en œuvre ?

**Réponse** (11.04.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

Afin d'encourager une approche coordonnée et har-monisée entre les États membres de l'Union euro-péenne (UE), la Commission européenne a présenté en date du 1<sup>er</sup> avril 2022 une proposition pour une recommandation du Conseil sur la conversion de billets de banque libellés en hryvnias dans la mon-naie de l'État membre d'accueil au profit des per-sonnes fuyant la guerre en Ukraine.

Cette proposition vise à assurer un minimum de co-hérence dans l'UE entre des régimes nationaux sou-tenant la conversion en monnaie locale d'un mon-tant limité de hryvnias par personne éligible. Ainsi, ces régimes devraient prévoir des limites maxima-les de 10.000 hryvnias par personne, sans frais, au taux de change officiel publié par la Banque natio-nale d'Ukraine. La durée de ces programmes doit être d'au moins trois mois.

Le Ministère des Finances est actuellement en dis-cussion avec les différentes parties prenantes en vue de la mise en place d'un tel régime national dans les meilleurs délais et en ligne avec la recom-mandation que le Conseil de l'UE aura adopté sur base de la proposition précitée de la Commission européenne.

Il convient également de rappeler que POST Finance, en concertation avec l'Office national de l'accueil (ONA), a mis en place une procédure sim-plifiée et accélérée d'ouverture de compte, qui com-prend également une carte de paiement et un nom-bre illimité de retraits sur les bancomats, afin d'of-frir aux bénéficiaires de la protection temporaire un accès bancaire sans frais.

**Question 5926** (14.03.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant le **transfert de demandeurs de protection internationale de la structure d'hébergement d'urgence vers les locaux de la « Wanter-aktioun »** :

Wéi RTL Today den 13. Mäerz bericht huet, sinn ufanks des Mounts eng ronn 70 Persounen, déi op Asyl waarden, aus dem SHUK, der Structure d'hé-bergement d'urgence um Kierchbierg, ausgewise ginn, mat der Argumentatioun, dass si sech solle bei der Wanteraktioun mellen, fir do ënner ze kom-men. De Ministère huet dës Berichter vun RTL Today bestätegt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Immigratioun an Asyl dës Froe stellen:

- Wéi vill Persoune mat Statut DPI respektiv BPI hu säit dem 25. Februar eng Structure d'hébergement misse verloossen?

- Wou sinn dës Persounen hi verwise ginn, fir wei-der ënnerbruecht ze ginn?

- Waren ënnert dëse Persoune Mineuren? Wa jo, wéi vill?

- Sinn dës nei Ënnerbréngunge vu mannerjäregen DPLe respektiv BPIle konform mat dem Artikel 56 vun der Unité familiale an dem Artikel 63 vum ofge-ännerte Gesetz vum 18. Dezember 2015?

- Sinn dës nei Ënnerbréngunge vun den Erwuesse-nen DPLe respektiv BPIen op d'Besoin fir Persou-nen, déi aus Krichsgebidder oder viru Verfolgung wéinst den Originen oder der sexueller Orientéie-rung geflücht sinn, ugepasst?

- Gouf den Accueil vun der Wanteraktioun ugepasst, fir de Besoin vu geflüchte Persoune gerecht ze ginn? Sinn hei Leit rekrutéiert ginn, déi sech kënnen ëm dat psychesch Wuelbefanne vun dëse Leit këmmere?

- Plangt de Ministère, fir nach weider Persounen aus de Strukturen ze verweisen? Ass sécherge-stallt, dass aner Opfaangstrukture prett sti fir dës Leit, ier de Minister zu esou Schrëtt gräift?

**Réponse** (15.04.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile* :

Den nationale Büro fir d'Opnam („Office national de l'accueil"; ONA) ass dem Gesetz no fir den Heber-gement vun DPlen (Demandeur fir internationale Schutz) zoustänneg, den Hebergement ass ëmmer garantiéiert an et ginn och keng Leit aus de Struk-ture verweisen. Aus diverse Grënn kann et virkom-men, dass Leit tëscht verschiddene Strukture relo-géiert ginn.

No enger Decisioun vum Verwaltungsgericht, huet säit dem 25. Februar eng BPI (Bénéficiairë vun internationalem Schutz) Famill missen eng Struc-ture d'hébergement verloossen. A sou Fäll gëtt ze-summe mat den zoustännegen Autoritéite ge-schafft, déi fir de Suivi social vun de BPIen zou-stänneg sinn an d'Leit ginn och dohinner weiderge-leet.

Déi Leit, déi provisoresch aus der SHUK an d'Wan-teraktioun verluecht goufen, si sur place vun den Agenten (souwuel Personnel de garde wéi och Agents d'encadrement psychosocial) vum Centre de rétention betreit ginn an enker Zesummenaar-becht mam Personal vun der Dräieck ASBL, déi fir d'Wanteraktioun zoustänneg ass. Den Dagesoflaf gouf och adaptéiert, fir de Besoin vun de Concer-néierte gerecht ze ginn.

**Question 5927** (14.03.2022) de **Mme Tess Burton** (*LSAP*) concernant la **déclaration pour l'impôt sur le revenu de l'année 2021** :

Le formulaire relatif à la déclaration pour l'impôt sur le revenu de l'année 2021 est consultable en ligne depuis début février. Pour la toute première fois, les contribuables peuvent recourir à une décla-ration de bout en bout digitale. Or, il est de noto-riété publique que de nombreux contribuables sou-mis à une imposition par voie d'assiette peinent à remplir correctement le formulaire dans son ex-haustivité.

De même, le bulletin de l'impôt sur le revenu - étant donné qu'il comporte de nombreux termes tech-niques et des formulations tombées en désuétude - s'avère peu compréhensible pour les non initiés.

Dès lors, j'aimerais savoir de Madame la Ministre des Finances :

1) Combien de personnes physiques ont été sou-mises à une imposition par voie d'assiette l'année passée ?

2) À quel moment les personnes physiques concer-nées sont-elles informées de la (des) déclaration(s) d'impôt à remettre au titre de l'année écoulée ? Y a-t-il des différences entre les régions du pays par rapport au délai d'envoi de la lettre renseignant sur la remise de la (des) déclaration(s) d'impôt ?

3) Suivant quels critères l'Administration des contri-butions directes décide-t-elle d'envoyer respective-ment de ne pas envoyer par voie postale le (les) formulaire(s) en papier ?

4) L'Administration des contributions directes four-nit-elle des explications relatives aux différentes cases dotées d'un numéro à trois respectivement quatre chiffres ? Dans l'affirmative, où les contri-buables peuvent-ils retrouver lesdites explica-tions ? Existe-t-il une ligne d'assistance (helpline) en faveur des assujettis ?

5) Madame la Ministre estime-t-elle qu'il serait sou-haitable de faire figurer une personne de contact sur toute correspondance émanant de l'Administra-tion des contributions directes afin de faciliter la prise de contact avec l'administration en cas de questions ?

6) Madame la Ministre envisage-t-elle d'élaborer des formulaires en langage facile en complément des formulaires classiques afin de faciliter le rem-plissage des formulaires respectivement la com-préhension des réponses y afférentes ?

**Réponse** (15.04.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

Dans sa question parlementaire l'honorable Dépu-tée fait référence au nouveau formulaire digital de déclaration pour l'impôt sur le revenu de l'année 2021.

Le nombre actuel de dossiers personnes physiques immatriculés et partant soumis à une imposition par voie d'assiette pour l'année d'imposition 2021 s'élève à 305.012.

La mise à la poste de l'ensemble des lettres d'inv-i-tation pour la remise des déclarations d'impôt ainsi que des formulaires préimprimés intervient en si-multané et l'envoi se fait pour le premier lundi du mois de février. La distribution à travers le pays re-lève de la compétence des services de « POST Luxembourg ».

Par courrier émis fin 2006, les contribuables per-sonnes physiques ayant fait usage de déclarations téléchargées ont été informés qu'ils ne recevront plus de déclarations par voie postale, mais unique-ment une invitation écrite. Avec chaque courrier re-latif à l'immatriculation et l'attribution du numéro dossier, le contribuable est informé que l'Adminis-tration des contributions directes enverra unique-ment un courrier invitant à remettre les décla-rations dans les délais impartis. Néanmoins, un contribuable garde toujours le choix de recevoir les formulaires préimprimés de déclaration par voie postale et doit exprimer, le cas échéant, ce souhait au bureau d'imposition compétent.

Les numéros à trois respectivement quatre chiffres affichés en exposant dans les cases sur le formu-laire revêtent un caractère purement administratif et ne sont d'aucune nécessité au contribuable, tout en facilitant, le cas échéant, l'échange entre le con-tribuable et l'Administration des contributions di-rectes.

Chaque courrier sortant envoyé par un bureau d'im-position est muni des coordonnées de contact de l'émetteur, généralement l'agent en charge du trai-tement du dossier. Nonobstant cela, des courriers, tels que les bulletins d'imposition par exemple, dont l'expédition se fait strictement de manière au-tomatisée ne comportent pas de telles informa-tions, à l'exception du bureau d'imposition compé-tent lors de l'envoi.

Les formulaires doivent comporter d'une manière inéluctable tous les éléments nécessaires au con-tribuable afin de pouvoir déclarer tous ses revenus et dépenses. Cependant lors de l'élaboration du nouvel assistant MyGuichet pour la déclaration de bout en bout digitale pour l'impôt sur le revenu des personnes physiques de l'année d'imposition 2021, une attention particulière a été portée à présenter au contribuable un dynamisme ainsi qu'une aide le guidant à travers toute la démarche, présentant des explications à travers des info-bulles et messages.

**Question 5928** (14.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant l'**exposition « Le passé colonial du Luxembourg »** :

Am Virfeld vun der Ausstellung „Le passé colonial du Luxembourg“, déi vum 8. Abrëll bis zum 6. No-vember 2022 am MNHA stattfanne wäert a bei där et ëm d'Aktivitéit vu verschiddene Lëtzeburger am „Congo belge“ geet, liest een um Site vum National-musée: « Le colonialisme était également présent dans la société luxembourgeoise du milieu du 19<sup>e</sup> siècle jusqu'aux années 1960, influençant aussi bien la politique, l'économie que la culture du pays. » Weider heescht et: « Des Luxembourgeois ont aussi participé à l'exploitation meurtrière du caoutchouc au Congo à l'époque du Roi des Belges Léopold II (1885-1908) qui fit plusieurs millions de morts. » Zum Schluss vun deem Presentationstext heescht et lapidar: « Cette exposition montre que le Luxembourg a bel et bien un passé colonial. »

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

1. Ass d'Regierung der Meinung, datt Lëtzebuerg als Staat eng kolonial Geschichte huet?

2. Wa jo, kann d'Madamm Minister erklären, wéi eng Kolonië Lëtzebuerg gehat hätt (Regiounen, Da-tumen an esou weider ...)?

3. Wann nee, geet d'Madamm Minister dervun aus, datt den Titel vun der Ausstellung wéi och den zi-téierte leschte Saz vum Presentationstext gléck-lech gewielt sinn, wann ee bedenkt, datt Lëtzebuerg als Staat ni Kolonien hat an datt just verschidde Lëtzeburger, aus ënnerschiddleche Grënn, awer net am Numm oder Opdrag vun hirem Land, sech un der Kolonisierung vun belsche Kongo bedeelegt hunn?

4. Kann d'Madamm Minister preziséieren, ob mam Saz: « Des Luxembourgeois ont aussi participé à l'exploitation meurtrière du caoutchouc au Congo à l'époque du Roi des Belges Léopold II (1885-1908) qui fit plusieurs millions de morts » ausgedréckt soll ginn, datt sech Lëtzebuerg als Staat zu iergend-engem Zäitpunkt un engem Verbrieche bedeelegt hätt? Mécht d'Regierung e kloren Ënnerscheid të-schent den Aktivitéite vu private Persoune mat Lët-zeburger Nationalitéit an Aktivitéite vum Lëtze-burger Staat?

**Réponse** (06.04.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture* :

D'Ausstellung „Le passé colonial du Luxembourg“, déi den Nationalmusée fir Geschicht a Konscht (MNHA) vum 7. Abrëll bis zum 6. November 2022 weist, geet der Fro no, wéi eng Positioun Lëtze-buerg an der europäescher Kolonialgeschichte an-hëlt. An dësem Kontext verweisen ech op den éischte Saz vum Pressecommuniqué, deen den ho-norabelen Deputéierten nëmmen deelweis zitéiert: « Si le Luxembourg n'a jamais exercé d'autorité sur un territoire d'outremer ou sur ses populations,





nombre d'hommes et de femmes du Grand-Duché ont émigré aux 19<sup>e</sup> et 20<sup>e</sup> siècles pour s'établir et travailler dans les colonies d'autres pays européens. » (<https://www.mnha.lu/fr/expositions/le-passe-colonial-du-luxembourg>)

Den Titel vun der Ausstellung „Le passé colonial du Luxembourg“ implizéiert net, dass de Lëtzeburger Staat Kolonië gehat hätt, mee dass d'Lëtzeburger Gesellschaft duerch dësen Aspekt vun der Geschicht geprägt ginn ass an dass eist Land also och eng kolonial Vergaangenheet huet. Wéiwäit d'Lëtzeburgerinnen a Lëtzeburger déi am 19. an 20. Joerhonert an d'Kolonië gaange sinn, dëst gemaach hu mam Gefill, dass d'Lëtzeburger Regierung si dobäi ënnerstëtzt huet, gëtt eenfalls an der Ausstellung thematiséiert, déi ech den honorabelen Deputéierten invitéieren, kucken ze goen, fir sech eng Meenung ze bilden iwwert d'Komplexitéit vun der Äntwert op d'Fro vun der Positioun vun de successive Lëtzeburger Regierungen zur Kolonialpolitik.

Donieft sief rappeliéiert, datt d'Regierung, fir dese komplexe Sujet weider wëssenschaftlech opzeschaffen, den interdisziplinären Zentrum fir Zäitgeschicht an digital Geschicht (C2DH) vun der Universitéit domat beoptraagt huet, e Rechercheprojekt iwwert d'Roll vun de Lëtzeburger an dem Lëtzeburger Staat an der europäescher Kolonialgeschicht auszeschaffen.

**Question 5931** (15.03.2022) de **M. Roy Reding** (ADR) concernant l'**importation de voitures** :

Am vergaangene Joer war ze beobachten, datt um Autosmarché souwuel d'Präisser vun den neie Gefierer wéi och den Occasioune staark an d'Luucht gaange sinn, ënner anerem well et un Chippe feelt. Am Mee 2020 gouf an der Chamber den Handelsaccord CETA mat Kanada gestëmmt, deem déi direkt Ofschafung vun enger Rei Zolltariffer virgesäit, mee beim Import vun Autoen (an d'EU/op Lëtzebuerg) gëllen Iwwergangsbestëmmunge vun dräi, fënnef a siwe Joer.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Economieminister gär dës Froe stellen:

1. Wéi eng Zollbestëmmunge gëllen aktuell fir den Import vun Autoen aus Kanada op Lëtzebuerg?
2. Gesäit d'Regierung vir, fir méiglech Spillraum bei den Iwwergangsbestëmmungen ze notzen, fir déi entspreche Zolllariffer méiglechst séier ganz ofzeschaffen a sou där ugespaanter Situatioun um Autosmarché duerch zousätzlech Importméiglechkeeten entgéintzewirken?

**Réponse commune** (21.04.2022) de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*, de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*, et de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

Dat europäesch-kanadescht Wirtschafts- an Handelsafkommen CETA huet d'Importzëll fir Importer vun Autoen aus Kanada op Lëtzebuerg fir d'Joer 2022 op 2,5 % festgeluecht.

Ënnert dem CETA-Ofkommen ginn d'Bestëmmungen zu den Importzëll a gläichméisseg Schrëtt erof, vun ufanks 10 % bis op 0 % aacht Joer no Akraafttriede vum Ofkommen.

An de Joren 2020 an 2021 sinn nëmme ganz kleng Quantitéite vun Autoen aus Kanada op Lëtzebuerg importéiert ginn an dëst Joer (Stand 31/03/22) nach guer keen.

D'Regierung ass also der Meenung, dass den Ament keng weider Schrëtt musse geholl ginn, wat d'Zolllariffer vun Importatiounen vun Autoen aus Kanada betrëfft. Hei besteet och kee Spillraum um nationale Niveau, well dës Tariffer am ganzen EU-Banneraum applikabel sinn.

**Question 5932** (15.03.2022) de **M. Roy Reding** (ADR) concernant le **statut vaccinal des donneurs de sang** :

D'Fro vun der Impfung géint de Covid-19 erzeugt nach ëmmer vill Kontroversen an der Lëtzeburger Gesellschaft. Vill Leit leenen d'Interjektion vun engem Impfstoff, dee just iwwert eng Noutfallzouloossung verfüügt an op der nach relativ onerfuerchter mRNA-Technologie berout, fir sech kategoriesch of. Et ginn awer Grenzfall, an deenen de fräie Choix vun de Leit ageschränkt gëtt, notament am Fall vun enger Bluttransfusioun.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi eng Donnéeën iwwert d'Impfung géint de Covid-19 am Kader vun Blutspenden erhuewe ginn?
2. Iwwert wéi eng formell Widdersprochsméiglechkeete verfüge Leit, déi am Eeschtfall de Risiko vun der Opnam vun mRNA-Impfstoffer iwwert eng Bluttransfusioun ofleenen?

**Réponse** (28.03.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Am Kader vun Blutspenden ginn hei a Lëtzebuerg keng spezifesch Froen iwwert d'Impfung géint de Covid-19 gestallt. Routineméisseg gëtt virun all Blutspend eng allgemeng Fro am Bezuch op Impfung gestallt, an zwar ob de Spender an deene leschte véier Wochen eng Impfung krut. Jee nodeem wéi eng Impfung dat war, kann d'Persoun dann vun Spenden zougelooss ginn oder muss ee gewëssen Delai aussetzen. Bei enger Impfung géint Gielfeiwer sinn dat zum Beispill 4 Wochen, bei enger Hepatitt-Impfung 2 Wochen a bei enger Impfung géint de Covid-19, onofhängeg vun Impfstoff, 1 Woch.

ad 2. All Persoun kann nom Prinzip vun „consentement éclairé“ sou wéi et, ënnert anerem, am Gesetz vum 24. Juli 2014 iwwert d'Rechter an d'Flichte vun Patient festgehalen ass, seng Zoustëmmung zu engem Traitement ofleenen. Bei enger Bluttransfusioun gëtt dee Prinzip natierlech och applizéiert.

**Question 5933** (15.03.2022) de **Mme Tess Burton** (LSAP) concernant la **tacite reconduction des contrats** :

Le 1<sup>er</sup> mars 2022, une nouvelle loi imposant des règles à la fois plus strictes pour les prestataires de services et plus protectrices pour les consommateurs est entrée en vigueur chez nos voisins allemands. Ces règles innovantes visent à renforcer la protection des consommateurs en matière de reconduction tacite de certains contrats et à faciliter la résiliation anticipée de ces contrats.

Effectivement, d'après la nouvelle loi, il n'est possible de reconduire tacitement un contrat que si cette reconduction se fait à durée indéterminée et que si une résiliation, moyennant un préavis d'un mois, est à tout moment possible.

En effet, la pratique a démontré que de nombreux consommateurs, ayant l'intention de sortir d'un contrat, n'exercent pas réellement leur droit de résiliation, prévu par le droit commun moyennant le délai de préavis tel que prévu par le contrat, parce qu'ils ne respectent pas ce délai dont ils ignorent souvent l'existence.

Passé ce délai, les contrats sont reconduits tacitement sans que les consommateurs aient pu faire valoir effectivement leur droit. Ainsi, les consommateurs se retrouvent face à un renouvellement de leurs obligations contractuelles pour une période plus ou moins longue contre leur gré. Ceci vaut surtout dans le domaine des contrats de prestation de service à exécution successive, comme les abonnements téléphoniques ou les abonnements de salle de sports, ainsi que des contrats de livraison de biens sur base régulière, comme l'abonnement à des magazines.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Protection des consommateurs :

- 1) Est-ce qu'il y a une estimation du nombre de contrats reconduits tacitement au Luxembourg suite à une résiliation tardive de la part du preneur de contrat ?
- 2) Une loi permettant au consommateur de résilier à tout moment un contrat à reconduction tacite serait-elle envisageable dans l'ordre juridique luxembourgeois ? Si oui, est-ce que Madame la Ministre estime qu'il serait opportun de prévoir une telle loi au Luxembourg ?
- 3) Est-ce qu'il existe d'autres possibilités pour les consommateurs de sortir ou de se rétracter de contrats reconduits tacitement pour une période qu'on pourrait juger trop longue ?

**Réponse** (21.04.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Protection des consommateurs* :

L'honorable Députée s'enquiert de la possibilité d'encadrer la reconduction tacite des contrats telle qu'elle existe actuellement au Luxembourg.

Le Ministère de la Protection des consommateurs n'a pas connaissance d'une estimation du nombre des contrats reconduits tacitement au Luxembourg suite à une résiliation tardive de la part du preneur de contrats.

Le Code de la consommation déclare comme abusives, en conformité avec les dispositions de la directive 93/13/CEE concernant les clauses abusives dans les contrats conclus avec les consommateurs, « les clauses, selon lesquelles le contrat est prorogé pour une durée supérieure à un an si le consommateur ne le dénonce pas à une date déterminée » (article L. 211-3, point 9).

Il n'empêche que l'Union luxembourgeoise des consommateurs ainsi que le Centre européen des consommateurs consultés dans le cadre de la présente question parlementaire font état de dossiers dont ils ont eu à traiter liés à la reconduction tacite des contrats. J'estime à cet égard qu'avant toute

autre initiative éventuelle en la matière, une information adéquate du consommateur s'impose afin d'attirer son attention sur les règles applicables quant à la reconduction de ses contrats.

**Question 5934** (15.03.2022) de **MM. Fred Keup** et **Jeff Engelen** (ADR) concernant la **conversion de prairies en terres agricoles** :

Bedängt duerch de Krich an der Ukrain stellen sech ëmmer méi Froen am Hibleck op d'Versuerungssécherheet mat Liewensmëttel. Esou wuel Russland, wéi och d'Ukrain ware mat déi gréissten Exporteure vu Kären a weider Liewensmëttel, déi och fir d'Hierstellung vu Fuddermëttel gebraucht ginn. An deem Kontext héiert een och hei am Land, ë. a. vu verschiddene Landwirtschaftsvertreider, datt Lëtzebuerg eng gewësse landwirtschaftlech Autarkie misst ustriewen, fir esou méi onofhängeg vun internationalen Konflikter, déi en Afloss op d'Erneuerungssécherheet kënnen hunn, ze agéieren. Kuerzfristeg stellt sech an deem Kontext déi pertinent Fro, ob Lëtzebuerg net elo direkt sollt Gréngland fir d'landwirtschaftlech Notzung brauchbar maachen.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Denkt d'Regierung driwwer no, elo direkt op de Wee ze goen, fir Gréngland als Akerland brauchbar ze maachen, fir datt eis Bauere beschtefalls nach dëst Joer méi Terrainen zur Verfügung hunn, fir Fudder- an/oder Liewensmëttel untebauwen? Wéi gesäit hei déi gesetzlech Basis aus fir dës Prozedur?
2. Wa jo, wéi eng konkreet Schrëtt gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir dëst esou séier wéi méiglech ëmzesetzen?

**Réponse** (25.04.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural* :

Neen, d'Regierung denkt net driwwer no, fir verstärkt bestoend Gréngland an Akerland ëmzewandelen. Dëst ass kontraproduktiv am Sënn vun Schutz vu Natur, Waasser, Biodiversitéit a Landschaft.

Dobäi kënnt, datt d'Gréngland ee ganz wichtege Karbonspäicher ass an dowéinst gefërdert muss ginn, fir dem Klimawandel entgéintzewirken.

Esou eng generell Ëmwandlung vun Dauergréngland an Akerland wär am Kader vun der Konditionalitéit vun der gemeinsamer Agrarpolitik och guer net erlaabt.

A gewësse Fäll kann awer Gréngland ëmgebrach ginn, zum Beispill fir eng Erneuerung.

Am Kader vun der Greeningprimm ass den Ëmbruch vu Gréngland prinzipiell geneemegungspflichteg.

Am Kader vun der Landschaftsfleegeprimm ass e verbueden, ausser eng Ausnahmegeneemung läit vir.

Ëmweltsensibelt Dauergréngland duerf guer net ëmgebrach ginn, dat sinn d'Grénglandbiotoper, Grénglandflächen an Iwwerschwemmungszonen HQ 100. Dës Konditioun gëtt an Zukunft ob HQ 100 extrem ausgeweit. Ee Verstooss géint des Reegel féiert zu enger Kierzung vun de Flächeprimmen.

Am Kader vun der Landschaftspflegeprimm duerf Dauergréngland, wat an „Natura 2000“-Gebidder oder an Naturschutzgebidder läit, respektiv als wäertvoll Dauergréngland kartéiert ass, net ëmgebrach ginn.

Déi genau Modalitéiten, déi den Erhalt vun Dauergréngland concërnéieren, fënnt een um Landwirtschaftsportal vun Landwirtschaftsministère ënnert der Rubrique Beihilfen> Cross Compliance und Dauergrünland ënnert folgendem Link:

<https://agriculture.public.lu/de/beihilfen/cross-compliance-dauergruenland/dauergruenland.html>.

**Question 5935** (15.03.2022) de **M. Fred Keup** (ADR) concernant le **bachelor en sciences sociales et éducatives** :

A senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 1946 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement hat den Här Minister de 25. März 2020 geschriwwen: „De beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erziehungswissenschaften op der Universitéit Lëtzebuerg, deem 2017 zesumme mat der Salariatskummer lancéiert gouf fir dräi Cohorté vu Studenten, gëtt 2020/2021 fir ee Joer ausgesat, soudass d'Organisatioun an de Format vum Programm kënnen iwwerschaft ginn. Vu dass d'Zuel vun de Kandidaten erofgaangen ass, gesäit d'Universitéit Lëtzebuerg vir, de beruffsbegleedende Bachelor an de reguläre Bachelor an de Sozial- an Erziehungswissenschaften ze integréieren, woumat déi akademesch Qualitéit vum Deelzäitprogramm op d'laang Dauer garantéiert gëtt. Den Informatiounen vun der Universitéit Lëtzebuerg no kënnen d'Kandi-

date fir de beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erziehungswissenschaften sech fir d'Wintersemester 2020/2021 an de reguläre Bachelor an de Sozial- an Erziehungswissenschaften deelaait aschreiwen an da fir d'Wintersemester 2021/2022 an den neie beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erziehungswissenschaften wiesselen.“

Dëst neit Format vum beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erziehungswissenschaften huet elo awer zu engem Dissens tëscht Uni Lëtzebuerg a Salariatskummer gefouert. Wéi den 12. März 2022 am „Tageblatt“ ze liese war, ass d'Salariatskummer onzeifridde mat dësem neie Format, well deen, besonnesch wat d'Zäitplanung ugeet, ongëeegert fir beruffstätég Studenten wier. D'Salariatskummer huet dowéinst ugekënnegt, hir Kooperatioun mat der Uni Lëtzebuerg zrëckzezéien, an domat hir finanziell Hëllef an Héicht vun 100.000 € pro Studiegang.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Héichschoulminister:

1. Kann den Här Minister preziséieren, wéi et elo weidergoe wäert mat dem beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erziehungswissenschaften?
2. Wéi steet den Här Minister zur Kritik vun der Salariatskummer um neie Format vum beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erziehungswissenschaften, besonnesch wat d'Ausso vun hirem Vize-direkter ugeet, deen neie Studiegang wier fir beruffstätég Studenten organisatoresch net duerchzezéien?
3. Denkt den Här Minister drun, fir an dëser Saach tëscht Uni Lëtzebuerg a Salariatskummer ze vermëttelen?

**Réponse** (06.04.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche* :

De beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erziehungswissenschaften op der Universitéit Lëtzebuerg, deen den honorabelen Deputéierten a senger parlamentarescher Fro thematiséiert, war schonn de Sujet vun der parlamentarescher Fro Nr. 5820 vum 25. Februar 2022 vun der Deputéierter Simone Asselborn-Bintz, déi de 24. März 2022 ausféierlech beäntwert gouf.

Et sief nach eng kéier preziséiert, dass de beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erziehungswissenschaften an de reguläre Bachelorprogramm integréiert gouf an domat alle Studenten en uniformiséierten, iwwerschaften Contenu ubitt. Et ass och wichtig ze betounen, dass d'Studenten, déi an deem Beräich berufflech aktiv sinn, d'Méiglechkeet behalen, hir berufflech Erfahrung unerkennen ze loosse, an dat elo esouguer bis zu 90 ECTS, wat et hinnen nach ëmmer erméiglecht, de Programm am Prinzip an zwee Studiejoer ze suivéieren. D'Studente kënnen och eng Rei Coursen online suivéieren, wat hinnen eng gewësse Flexibilitéit bei der Organisatioun bitt.

D'Universitéit Lëtzebuerg kann d'Aussoe vun der Salariatskummer, dass de beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erziehungswissenschaften net adaptéiert wier fir berufflech aktiv Studenten, net guttheeschen. Si wéilt nach eng kéier ënnersträichen, dass d'Responsabilitéit fir de Curriculum, den Inhalt an d'Qualitéitssécherung vun dem Bachelor bei der Universitéit läit.

D'Universitéit Lëtzebuerg an d'Salariatskummer si bei verschiddene Formatiounen säit Laangem Partner, an dëse Partenariat ass mam beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erziehungswissenschaften net a Fro gestallt. D'Universitéit Lëtzebuerg wäert weiderhin den Dialog mat der Salariatskummer sichen. An deem Kontext sinn informell Reunionen an den nächste Woche virgesinn.

**Question 5936** (15.03.2022) de **Mmes Nathalie Oberweis** et **Myriam Cecchetti** (déi Lénk) concernant l'**application de la circulaire n° 3324** :

Dans votre réponse à notre question parlementaire n° 4757 concernant l'application de la circulaire n° 3324 vous avez expliqué que 19 communes auraient signé depuis 2015 une convention avec le Ministère de l'Intérieur en vue de la mise à disposition de logements à des bénéficiaires d'une protection internationale (BPI) ou à des personnes éligibles à des aides au logement locatif. Dans ce cadre 30 logements auraient été mis à disposition par les communes dont 9 logements auraient été loués par les administrations communales à des propriétaires privés moyennant un contrat de bail.

Afin d'inciter les communes à signer une telle convention et mettre à disposition des logements dans le cadre de ladite circulaire votre ministère aurait organisé des séances d'information à destination des communes qui auraient entrepris des efforts, mais se seraient souvent heurtées à la réticence de propriétaires de mettre à disposition des logements locatifs selon les modalités proposées aussi bien aux BPI qu'aux personnes éligibles à des aides au logement locatif.





La situation sur le marché du logement n'a pourtant pas connu d'évolution rassurante depuis 2015, bien au contraire, les prix et loyers ont augmenté de telle façon que de plus en plus de ménages rencontrent des problèmes à trouver un logement sur le marché privé et sont contraints de s'adresser aux promoteurs et bailleurs sociaux. De surplus, l'accueil de réfugiés de guerre en provenance de l'Ukraine signifie que des logements supplémentaires seront nécessaires à court terme.

Au vu de ce contexte nous nous permettons de poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Intérieur et à Monsieur le Ministre du Logement :

1) Des communes supplémentaires ont-elles conclu depuis juillet 2021 la convention précitée avec l'État ? Quelles sont les communes ayant signé une telle convention depuis juillet 2021 ?

2) Combien de logements loués auprès de propriétaires-bailleurs privés dans le cadre d'une telle convention le sont actuellement encore et sont mis à disposition à des bénéficiaires de protection internationale ou à des personnes éligibles à des aides au logement locatif ? Combien de personnes sont actuellement hébergées dans ces logements ?

3) Combien de logements dont les communes sont propriétaires sont actuellement mis à disposition dans le cadre de ladite convention ? Combien de personnes sont actuellement hébergées dans ces logements ?

4) Vos ministères envisagent-ils une campagne de relance voire une mise à jour de la convention dans le contexte des crises du logement et de l'accueil actuelles ? Dans l'affirmative, quelles démarches sont prévues ou en élaboration par vos services respectifs ?

5) Dans la négative à question précédente, vos ministères prévoient-ils la création d'autres dispositifs pour favoriser la mise à disposition de logements par les communes à des bénéficiaires d'une protection internationale (BPI) ou à des personnes éligibles à des aides au logement locatif ?

**Réponse commune** (26.04.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre du Logement*, et de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur* :

ad 1) Aucune commune supplémentaire n'a signé la convention en question depuis le mois de juillet 2021.

ad 2) 4 logements sont actuellement loués par des communes auprès de propriétaires-bailleurs privés. Ils sont occupés par 14 personnes.

ad 3) 11 logements, dont les communes sont propriétaires, sont mis à disposition par ladite convention. Ils sont occupés par 53 personnes.

ad 4) La convention ne sera pas reconduite, mais les communes et syndicats de communes peuvent recourir au soutien de l'État dans la mise à disposition de logements à des bénéficiaires d'une protection internationale ou à des personnes éligibles à des aides au logement locatif, par la conclusion d'une convention de collaboration avec le Ministère du Logement dans le cadre de la « gestion locative sociale » (GLS), un dispositif qui existe depuis plus de dix ans et qui vise les mêmes objectifs.

ad 5) Toute commune et tout syndicat de communes peuvent signer une convention de collaboration avec le Ministère du Logement pour mettre en œuvre une activité de « gestion locative sociale » conformément à la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement.

Évidemment, il est également possible que la commune offre ce service à ses citoyens et citoyennes via un autre acteur conventionné avec le Ministère du Logement ou leur office social.

Le principe de la GLS est simple et efficace.

Les acteurs conventionnés - le cas échéant la commune ou le syndicat de communes - louent des logements appartenant à des propriétaires privés pour les mettre à disposition de personne à revenus modestes ayant des difficultés à se loger sur le marché privé. Le choix des personnes éligibles et l'attribution des logements relèvent dans ce cas de la compétence de l'organisme conventionné qui offre en outre un accompagnement social afin de soutenir les bénéficiaires dans leur recherche d'un logement sur le marché privé.

Entre propriétaire, organisme conventionné et occupant, la GLS fonctionne selon des démarches simples et efficaces :

a) le propriétaire qui souhaite louer son bien contacte l'organisme conventionné de son choix. Ce dernier propose de le louer le bien à un prix inférieur à celui du marché tout en offrant une série d'avantages en contrepartie ;  
b) une fois ce contrat de bail signé, la mission de l'organisme conventionné est de sélectionner un occupant éligible à qui le logement sera mis à disposition ;  
c) l'organisme conventionné remplit ses obligations en tant que locataire et se charge de la gestion de

la mise à disposition du logement, des relations avec l'occupant ainsi que de menus travaux d'entretien du bien ;  
d) le propriétaire profite par ailleurs d'une exemption fiscale de 50 % sur les revenus locatifs nets.

Avantages pour les communes de la « gestion locative sociale » :

Comme décrit au début de cette réponse, le dispositif de la GLS s'est avéré être un outil très efficace, dont les avantages pour les communes sont une subvention de 120 euros pour les organismes conventionnés et la dotation budgétaire de 2.500 euros par logement géré dans le cadre de la GLS :

a) Chaque organisme conventionné (commune, office social, ASBL, ...) qui prend en location un logement sous le régime de la GLS a droit à un montant forfaitaire de 120 EUR par logement et par mois. Cette rémunération forfaitaire est payée par le Ministère du Logement pour soutenir financièrement les frais d'administration du logement et d'entretien.  
b) La loi du Pacte Logement 2.0 prévoit une dotation budgétaire annuelle de 2.500 euros par logement géré sous le régime de la GLS sur le territoire de la commune. Pour calculer le montant de cette dotation, le ministère prend en compte tous les logements gérés sous le régime de la GLS de tous les partenaires conventionnés actifs sur le territoire de la commune.

Les conventions de la « gestion locative sociale » par les acteurs publics communaux :

Actuellement, près de 60 communes participent soit directement soit par l'intermédiaire de leurs offices sociaux à une GLS via une convention avec le Ministère du Logement :

- Office social Centre-Est (Betzdorf, Junglinster et Niederanven) ;  
- Office social commun de Bettembourg, Frisange et Roeser ;  
- Office social commun de Wiltz, Boulaide, Esch-sur-Sûre, Goesdorf, Lac de la Haute-Sûre et Winseler ;  
- Office social de Dudelange ;  
- Office social commun de Mersch, Bissen, Helperknapp et Lintgen ;  
- Office social Nordstad (Bettendorf, Colmar-Berg, Diekirch, Erpeldange-sur-Sûre, Ettelbruck, Schieren, Bourscheid, Feulen et Mertzig) ;  
- Office social commun de Remich, Stadtbredimus, Lenningen, Schengen, Bous, Waldbredimus et Mondorf ;  
- Office social Resonord (Clerf, Kiischpelt, Parc Hosingen, Putscheid, Tandel, Troisivierges, Vianden, Weiswampach et Wintger) ;  
- Syndicat intercommunal « De Réidener Kanton » (Beckerich, Ell, Grosbous, Préziderdau, Rambrouch, Redange, Saeul, Useldange, Vichten et Wahl) ;  
- Syndicat intercommunal Kordall (SIKOR) (Differdange, Käerjeng, Pétange et Sanem) ;  
- Ville d'Esch-sur-Alzette ;  
- Ville de Diekirch.

Nombre de logements attribués par ces acteurs publics communaux :

Dans le cadre de la GLS, 1.073 logements sont mis à disposition à des personnes à la recherche d'un logement par des organismes conventionnés. Parmi ceux-ci, 304 logements (30 %) sont actuellement gérés par des communes, des syndicats de communes ou des offices sociaux.

En supposant qu'un logement soit occupé en moyenne par 2,5 personnes, plus de 2.500 personnes sont logées à l'aide du système de la GLS dont 750 personnes par des logements gérés via des acteurs publics locaux.

Le Ministère du Logement entend continuer à promouvoir cet outil auprès du grand public, notamment auprès des propriétaires qui veulent louer solidairement. Ainsi, une campagne de promotion a eu lieu entre le 28 février et le 25 mars 2022 afin de sensibiliser encore davantage les propriétaires privés à mettre à disposition d'éventuels logements inoccupés à des organismes conventionnés.

**Question 5938** (15.03.2022) de **MM. Mars Di Bartolomeo** et **Yves Cruchten** (*LSAP*) concernant les **retards en matière de subventions d'intérêts** :

Le Ministère du Logement procède régulièrement à une révision des dossiers en matière d'aides au logement et plus particulièrement en matière de subventions d'intérêts.

Or, il s'avère qu'actuellement ces révisions se font avec des retards substantiels, de sorte que certains établissements bancaires, confrontés à la suspension des versements des aides, ajustent les mensualités à verser par leurs clients.

Cette démarche conduit à une augmentation substantielle à charge des ménages concernés, pouvant atteindre plusieurs centaines d'euros par mois.

1) Nous aimerions dès lors savoir si Monsieur le Ministre est au courant de cette situation inconfor-

table pour les ménages concernés, surtout à un moment où ils sont déjà confrontés à de fortes augmentations de prix notamment dans le domaine énergétique.

2) Par quelles mesures concrètes, Monsieur le Ministre, entend-il réagir à cet état des choses ?

3) Comme les retards ont aussi tendance à s'accumuler en matière de subventions de loyer et autres, nous aimerions savoir quelles sont les mesures envisagées pour pallier à ces retards et leurs conséquences ?

**Réponse** (26.04.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre du Logement* :

Faisant suite à la question des honorables Députés, il importe tout d'abord de noter que tous les instituts financiers ne réduisent pas la mensualité à payer par l'emprunteur du montant de la subvention d'intérêt, mais préfèrent maintenir la mensualité prévue par le plan d'amortissement du prêt en question. Les aides en intérêts (virées sur les comptes prêts) constituent ainsi plutôt un supplément à la mensualité régulière. À noter que les instituts financiers ne sont pas dans l'obligation d'adapter les mensualités du fait qu'il n'existe aucune disposition légale y afférente.

Les banques qui adaptent les mensualités en fonction de la subvention d'intérêt procèdent généralement à la rectification de la mensualité en cas de non-paiement de l'aide en intérêt dans les 6 à 9 mois.

À savoir aussi que les bénéficiaires desdites aides sont notifiées 2 mois à l'avance de l'arrêt de paiement qu'une révision biennale de leur dossier sera effectuée afin de leur permettre de transmettre en temps utile au Service des aides au logement (SAL) les informations nécessaires à la révision.

Or, comme les aides en intérêts pour l'accession à la propriété sont fixées en fonction de la situation familiale et financière du demandeur/bénéficiaire, la remise d'un certain nombre de documents est nécessaire afin de permettre au SAL de traiter les dossiers en conformité avec la législation et la réglementation en vigueur.

De ce fait, le temps de traitement des dossiers individuels est impacté dans une large mesure par le délai dans lequel les informations et documents demandés par le SAL sont remis par les demandeurs/bénéficiaires.

À rappeler aussi que pour déterminer la situation financière, il est considéré le revenu imposable au sens de l'article 7 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu de sorte que le SAL nécessite un certificat établi par l'Administration des contributions directes afin de pouvoir finaliser les révisions réglementaires. Tout retard dans la déclaration d'impôt (sachant que les délais de dépôt étaient prolongés durant la pandémie du Covid-19) aura partant des répercussions sur le délai de traitement des révisions biennales des dossiers.

Quant aux mesures envisagées afin de réduire le temps de traitement des dossiers, je me permets de rappeler qu'avec le projet de loi n° 7938, le Gouvernement entend réformer fondamentalement la base légale relative aux aides individuelles au logement.

Par cette réforme, les aides seront revues de manière à rendre éligible une plus grande partie de la population du Grand-Duché, ce qui devrait contre-carrer pour les ménages les plus nécessiteux en partie le coût croissant de la vie et des prêts hypothécaires.

En outre, il est à noter qu'avec la réforme précitée les aides individuelles au logement pour l'accession à la propriété, il y aura une simplification substantielle des conditions d'octroi et des démarches administratives y relatives. Une des principales modifications apportées est notamment la transition vers un calcul des aides sur base du revenu net (au lieu du revenu imposable).

Il est estimé que la simplification administrative ainsi envisagée réduira dans une large mesure les délais de traitement des dossiers individuels et rendra la législation en matière d'aides individuelles au logement plus transparente aux particuliers.

Finalement, je tiens encore à informer les honorables Députés qu'une analyse de l'application de gestion des aides est actuellement en cours dans le but de mettre en place un système de gestion nouvellement développé sur base des technologies actuelles, et permettant - sous réserve de l'accord du demandeur/bénéficiaire d'aides - un échange de données avec d'autres administrations, tel que la Caisse pour l'avenir des enfants, le Centre commun de la sécurité sociale, l'Agence pour le développe-

ment de l'emploi ou encore le Fonds national de solidarité, afin de réduire davantage les démarches administratives pour les citoyens.

**Question 5939** (16.03.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant l'**habilitation de sécurité** :

Mam Gesetz vum 15. Juni 2004 ass zu Lëtzebuerg gereegelt, wéi d'Sécherheeststuf vun Dokumenter festgeluecht gëtt an ënner wéi enge Konditiounen een eng „habilitation de sécurité“ (security clearance) ka kréien. D'ANS (Autorité nationale de sécurité) ass fir dës Prozeduren zoustänneg. An enger éischter Instanz kritt eng intern Kommissioun vun der ANS den Dossier, déi dann evaluéiert, ob den Demandeur dës Habilitatioun soll kréien oder eeben net. Op Basis vun dësem Dossier hält de Staatsminister schlussendlech d'Entscheidung.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Premierminister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandé fir déi ënnerschiddlech Niveaue fir eng Habilitation de sécurité goufen an deene leschten zéng Joer ugefrót?

2. A wéi ville Fäll huet d'ANS e Sécherheetsrisk festgestallt an deementspriedend d'intern Kommissioun saiséiert?

3. A wéi ville Fäll huet d'Kommissioun der ANS zougestëmmt an hirem negativen Avis?

4. A wéi ville Fäll gouf d'Demande schlussendlech vum Staatsminister ofgeleent?

**Réponse** (01.04.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État* :

ad 1. D'Autorité nationale de sécurité (ANS) gouf am Zäitraum vum 17. Mäerz 2012 bis de 17. Mäerz 2022 vu 4.153 Demandé fir eng Habilitation de sécurité saiséiert.

D'Opdeelung op déi verschidden Niveauen ass:

- Restreint: 13;  
- Confidentiel: 281;  
- Secret: 3.143;  
- Très secret: 716.

ad 2. D'ANS huet a besotem Zäitraum 15-mol e Sécherheetsrisk festgestallt an de Staatsminister konform zum Artikel 27 vun der Loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité („ANS-Gesetz“) dorwuer informéiert, wouropshin de Staatsminister allkéiers d'Kommissioun saiséiert huet, déi laut dem ANS-Gesetz dofir virgesinn ass.

ad 3. An 9 vun 11 Fäll huet d'Kommissioun der ANS an hirem negativen Avis zougestëmmt.

Véier Fäll si momentan a Bearbechtung bei der Kommissioun.

ad 4. De Staatsminister huet an all Fall den Avis vun der Kommissioun suivéiert.

**Question 5941** (16.03.2022) de **M. Roy Reding** (*ADR*) concernant l'**introduction d'une taxe carbone européenne** :

Wéi am Artikel „European nations poised to endorse levy on imported emissions“, deen de 15. Mäerz an der Luxembourg Times publizéiert gouf, heescht, schaffen d'EU-Memberstaatem op eng zäitno Aféierung vun CO<sub>2</sub>-Zoller hin, dat obwuel d'Liwewerketten duerch déi rezent Covidmoossnamen, de Krich an der Ukrain an eng Rei weider Ëmstänn scho stark duerchernee geroode a vill Präisser entspreichend geklomme sinn. Des Weideren heescht et, datt sou eng Moossnam zu diplomatesche Spannunge mat verschiddenen Handelspartner kéint féieren, notamment China, Indien an der Ukrain.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung elaboréieren, wéi si allgemeng zu dësem Virstouss steet?

2. Kann d'Regierung elaboréieren, wéi si déi allgemeng Präisentwécklung vun deene betraffene Produite fir d'Lëtzebuurger Entreprises a Konsumenten aschätzt? Huet d'Regierung eng onofhängeg Etude an Optrag ginn, fir dës Fro ze klären ier si eng entspreichend Decisioun zu Bréissel matstëmmt?

3. Gesäit d'Regierung d'Gefor, datt eis international Handelspartner mat Géigemoossnamen op esou eng Decisioun kéinte reagéieren, déi schlëmmstefalls onberechenbar Handelskricher kéinten no sech zéien? Falls net, firwat net?

4. Gesäit d'Regierung et als opportun, Kriselänner wéi der Ukrain, awer och aneren, ekonomesch manner privilegierte Staaten eis industriefeindlech Klimanormen opzezéngen an si doduerch an hirer ekonomescher Entwécklung auszebremmen? Wéi steet d'Regierung zu der Opfaassung, datt een an deem Sënn vu Klimakolonialismus ka schwätzen?





**Réponse commune** (25.04.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances*, et de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie* :

Den éierbaren Deputéierte freet nom Dossier iwwert CO<sub>2</sub>-Zoller un der EU Baussegrenz.

Am Juli d'lescht Joer huet d'europäesch Kommission de Pak „Fit for 55“ presentéiert, deem als Zil huet der EU ze hëllefen hir ambitiéis Ziler beim Klimaschutz an der Energieeffizienz ze erreechen.

En Dossier vun dem Pak ass den EU-„Kuelestoff-Grenz-Upassung-Mechanismus“, op englesch „Carbon Border Adjustment Mechanism (CBAM)“.

Dëse Mechanismus soll déi europäesch Betriber virun deloyaler Konkurrenz aus Drëttstaate schützen.

Europäesch Betriber müssen CO<sub>2</sub>-Zertifikater kafen, fir d'CO<sub>2</sub>-Emissiounen, déi während hirer Produktioun entstinn, ze kompenséieren. Wann an Drëttstaaten esou eng Kompensatioun net néideg ass, sinn d'Betriber? an der EU benodelegt.

Den Text gesäit dofir vir, dass fir bestëmmte Wueren, déi an d'EU importéiert ginn an Zukunft och CO<sub>2</sub>-Zertifikater musse kaf ginn, zum selwechten Präis ewéi dee vun den EU CO<sub>2</sub>-Zertifikater. Falls et am Ursprungsland vun der Wuer och schonn eng CO<sub>2</sub>-Bepreisung gëtt, da kréien d'Wueren dësen ugerechent.

D'Regierung steet dësem Instrument positiv géigeniwwer, an den Ecofin Conseil huet am Mäerz eng generell Orientatioun op dësem Dossier ugehall.

Lëtzebuerg huet säin Accord eréischt ginn wéi séchergestallt war, dass dës Mesure mat de Regele vun der Welthandelsorganisatioun an Aklang ass.

Den EU-„Kuelestoff-Grenz-Upassung-Mechanismus“ soll schrittweis agefouert ginn, mat enger lwwergerperiod, a priori bis 2025, während där just e Reporting agefouert gëtt. Bis dohi wäerten also nach keng extra Käschten an domat verbonne Präiserhéiung? bei dëse Wuere stattfannen.

Et ass wichteg, dass Betriber an der EU net benodelegt sinn duerch déi méi ambitiéis Mesure fir de Klimaschutz, an och Drëttstaaten, an d'Betriber déi do produzéieren, sollen incitéiert ginn, Mesuren ze huele fir manner CO<sub>2</sub> auszustoossen. De Conseil ass sech och bewusst, dass Betriber an Entwicklungslänner sech wäerte méi schwéier dinn, fir hir Produktiounen ëmzestellen. Dofir soll doriwwer nogeduecht ginn, wéi dëse Länner bei der Transitioun ka gehollef ginn.

**Question 5942** (16.03.2022) de **M. Gusty Graas** et **Mme Carole Hartmann** (DP) concernant la **lutte contre l'endométriose** :

Dans le cadre de la 18<sup>e</sup> semaine européenne de prévention et d'information sur l'endométriose la semaine dernière, la France a annoncé le lancement d'une stratégie nationale de lutte contre l'endométriose.

L'endométriose touche 180 millions de femmes dans le monde entier. Les symptômes sont multiples. Le symptôme le plus courant est cependant la douleur, dont entre autres des règles douloureuses, des douleurs pendant des rapports sexuels, des douleurs abdominales, ou des difficultés d'uriner.

La douleur peut devenir chronique et impacte la vie quotidienne des patientes. Ainsi, 80 % des femmes concernées souffrent d'une limitation invalidante dans leurs tâches quotidiennes. 40 % des femmes ont des troubles de la fertilité et de la sexualité. Mais, il faut souvent sept à dix ans pour obtenir un diagnostic. Une période pendant laquelle les patientes souffrent de l'incertitude quant à leur état de santé.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Madame la Ministre, combien de fois l'endométriose a-t-elle été diagnostiquée chez des patientes dans notre pays au cours des cinq dernières années ?

2) Monsieur le Ministre, quels traitements sont remboursés par la Caisse nationale de santé ?

3) Est-il possible pour des patientes touchées par l'endométriose de demander le « statut de salariée handicapée » ? Dans l'affirmative combien de femmes ont demandé ce statut et ont reçu une réponse positive ? Dans la négative, pour quelles raisons les patientes ne peuvent-elles pas faire une telle demande ?

4) Une stratégie nationale de lutte contre l'endométriose, telle qu'annoncée en France, est-elle également envisagée pour le Luxembourg ?

5) Madame la Ministre ne juge-t-elle pas utile de lancer une campagne de sensibilisation destinée aux femmes et au personnel de santé ?

**Réponse commune** (07.04.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1) Dans le monde, on estime que 10 % des femmes en âge de procréer sont atteintes d'endométriose. Il est difficile de déterminer la prévalence exacte de cette pathologie dans la population générale car certaines femmes sont asymptomatiques.

Les données actuellement disponibles ne permettent que de répondre partiellement à la question concernant le nombre de patientes souffrant d'endométriose. Ainsi, les chiffres présentés dans le tableau 1 se limitent aux patients hospitalisés dans un des établissements hospitaliers au Luxembourg, affiliés à l'assurance maladie-maternité, et ayant comme diagnostic principal de sortie de l'hôpital, le code de la Classification internationale des maladies (CIM10) N80 - Endométriose. De manière générale, les données proviennent des bases de données de la sécurité sociale, plus précisément de la documentation et classification des séjours hospitaliers (DCSH). Suite au début de la codification des séjours hospitaliers en 2017 dans le cadre de la DCSH, les données relatives à cette année ne sont pas complètes, de sorte que le tableau 1 ci-dessous se limite aux exercices 2018 et 2019.

Tableau 1 : Évolution du nombre de patients hospitalisés au Luxembourg de 2018 à 2019

| Année                             | 2018 | 2019 |
|-----------------------------------|------|------|
| Nombre de patientes hospitalisées | 195  | 249  |

ad 2) Les traitements en cas d'endométriose sont multiples et dépendent de chaque patiente. Globalement, les soins de médecine, les prescriptions médicamenteuses ainsi que le traitement chirurgical de l'endométriose sont pris en charge par l'assurance maladie-maternité selon les statuts de la Caisse nationale de la santé (CNS).

ad 3) À ce jour, l'endométriose n'est pas reconnue comme « maladie invalidante » au Luxembourg. Le médecin traitant peut prescrire un certificat d'incapacité de travail si les douleurs sont trop intenses et non calmées par un traitement adéquat.

ad 4) Une rencontre avec les acteurs en la matière, les professionnels de santé et les associations de patients œuvrant pour faire connaître l'endométriose et les besoins des personnes qui en sont atteintes sera organisée dans les prochaines semaines afin de discuter de la collaboration en vue d'une éventuelle stratégie nationale contre l'endométriose visant à améliorer la prise en charge de la maladie et l'exercice des droits des personnes atteintes d'endométriose.

ad 5) Une campagne de sensibilisation à l'endométriose doit être non seulement destinée aux femmes, mais également aux professionnels de santé, et notamment aux médecins généralistes et aux professionnels intervenant en médecine scolaire. Ceci dans l'optique d'améliorer la détection précoce des symptômes de cette maladie et aider à poser rapidement le diagnostic d'endométriose et prescrire les examens et les traitements qui seront nécessaires. Une telle campagne de sensibilisation devra forcément faire partie intégrante d'une stratégie nationale.

**Question 5943** (16.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant les **cyberattaques** :

Am Artikel „Die ukrainische Fremdenlegion“, deem de 14. Mäerz um däitsche Site „Behörden Spiegel“ publizéiert gouf, ass ze liesen, datt am Kader vun der Ukrainkris eng Rei Hackerugrëff op russesch Ziler, vun däitschem Terrain aus registréiert goufen. Nom internationale Recht kann esou en Akt als eng Form vun Aggressioun consideréiert ginn.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- Huet d'Regierung Kenntnes doriwwer, datt Leit vun nationalen Territoire aus probéieren, russesch oder ukrainesch IT-Ziler unzegräifen, an domat risquéieren, Lëtzebuerg als Aggressor géint eng vun deenen zwou Konfliktparteien do stoen ze loosssen? Wéi eng Moossnamen hält d'Regierung, fir esou eng Situatioun preventiv ze ënnerbannen?

**Réponse commune** (31.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre*, *Ministre d'État*, de **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*, de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*, et de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

D'Regierung huet keng Kenntnis doriwwer, datt Leit vun nationalen Territoire probéieren, russesch oder ukrainesch IT-Ziler unzegräifen.

Des Weidere verweist d'Regierung op d'Artikelen 509-1 bis 509-7 vum Code pénal, déi sech an esou engem Fall kéinten applizéieren.

**Question 5944** (16.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant le **statut du personnel des CFL** :

D'Rechter an d'Flichte vum CFL-Personal ginn duerch ee Spezialgesetz vun 1920 gereegelt. Zënter méi wéi engem Joerhonnert gëllt dëse Sonderstatut mat senger ganz eegene Reegelen abseits vum Code du travail an de Gesetzer vum Staatsbeamtestatut.

Reegelméisseg mécht de Staatsrot a sengen Avisen (zum Beispill N° 60.075 oder och 60.421) zu groussherzogleche Reglementer betreffend de CFL-Statut de Constat, dass déi legal Basis, déi de Sonderstatut vum CFL-Bedéngschte reegelt, net duergeet. De Sonderstatut an d'Assimiléierung vum CFL-Bedéngschten un de Fonctionnairesstatut si juristesche gesinn net kloer. Si CFL-Mataarbechter eng Zort Fonctionnaire mat alle Rechter a Flichten? Oder sinn se et net?

Et gëtt virun allem bemängelt, dass d'Regierung laut eiser Verfassung guer net d'Kompetenzen hätt, fir de gesamte Statut an engem groussherzogleche Reglement festzehalen, well d'Grenze vun de Méiglechkeete vum Artikel 32 vun eiser Verfassung iwwerschritt wieren. Doraus kann ee schléissen, dass d'Chamber als Legislature de Statut muss iwwer ee Gesetz reegelen. D'Gesetz vun 1920 misst iwwerschafft oder ersat ginn.

Beim CFL-Personal zirkuléiert zënter enger Zäit d'Gerücht, dass Pläng bestinn, fir d'Personal bei de CFL an d'Fonction publique anzegliedderen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Fro stellen:

1. Kann de Minister bestätegen oder ausschléissen, dass aktuell geplangt gëtt, fir d'CFL-Personal an d'Fonction publique anzegliedderen?

2. Sinn Ännerungen um Spezialstatut vum CFL-Personal geplangt a falls jo, wat wäert sech an noer Zukunft änneren?

3. Huet d'Regierung d'Bestriewung, fir den Eisebunnerstatut un dee vum Staats- respektiv Gemengebeamten unzepassen? Falls net, wéi eng Virdeeler verspricht sech d'Regierung vun dësem Statut par rapport zum Statut vun de Staats- respektiv Gemeengebeamten?

4. Wäert dat groussherzoglecht Reglement an Zukunft duerch ee Gesetz vun Regierungssäit ersat ginn? Falls nee, firwat wëll d'Regierung net op déi Schinn goen?

**Réponse** (02.05.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. Den aktuelle Programme gouvernemental gesäit dës Integratioun net vir.

ad 2. Eng Reform vum Spezialstatut vum CFL-Personal ass aktuell net virgesinn, ënner Virbehalt vun zukünftigen Upassung vum Beamtestatut.

ad 3. Den Eisebunnerstatut ass e Spezialstatut, deem de Richtlinne vum Beamtestatut nokënn a gläichzäiteg CFL-intern an eisebunnsspezifesch Reegelen integréiert.

ad 4. Esou wéi bei der éischter Fro schonns bemierkt, den aktuelle Programme gouvernemental gesäit dës net vir, mee eng nächst Regierung wäert sech mussen dëser Fro sécher unhuelen.

**Question 5945** (16.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant l'**harmonisation du taux de TVA au sein du Benelux** :

De 15. Mäerz war am „Paperjam“ ze liesen, datt d'Madamm Finanzminister sech op enger Reunioun mat hiren Homologen aus de Benelux-Länner iwwer eng méiglech Harmoniséierung vun der TVA tëschent deenen dräi Länner ënnerhalen hätt. Naturgeméis kéint esou e Schratt just doduerch erfollegen, datt d'Belsch an Holland hir jeeweileg TVA-Sätz, déi aktuell bei 21 Prozent leien, erofsetzen, oder, datt mir eis TVA eropsetzen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Finanzminister gär dës Fro stellen:

1. Kann d'Madamm Finanzminister confirméieren, datt op där Reunioun iwwer eng Harmoniséierung vun der TVA diskutéiert gouf? Wa jo, kéint si elaboréieren, wéi eng konkreet Zenarien a Fro kéimen a wéi een Impakt dës jeeeweils op eis Economie an eis Staatsfinanze kéinten hunn?

2. Kann d'Madamm Finanzminister garantéieren, datt si esou eng Moosnam nëmme matdréit, wann dës net zu enger weiderer Erhéijung vun eiser nationaler TVA féiert, fir eng zousätzlech Belaaschtung vun de Lëtzeburger Stéit ze vermeiden?

**Réponse** (15.04.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

Anescht wéi vum éierbaren Deputéierten duergestallt, huet de 15. Mäerz 2022 zu Bréissel keng Reu-

nioun tëschent de Finanzministere vun de Benelux-Länner stattfonnt, an där iwwert eng méiglech Harmoniséierung vun der TVA tëschent deenen dräi Länner geschwat gi wier.

Wéi een och an dem Presseartikel, op deem den éierbaren Deputéierte Referenz mécht, noliese kann, huet et sech hei villméi ëm eng Benelux-Konferenz gehandelt, déi zu Bréissel organiséiert gouf, fir dem Public d'Erfolleger ze präsentéieren, déi iwwert déi leschte Joren zesummen erzielt goufen, fir den „écart de TVA“ ze reduzéieren.

Den „écart de TVA“ ass den Ënnerschied tëscht den TVA-Recetten, déi theoreetesch hätte missten opgehuewe ginn, an de Recetten, déi effektiv age-driwwe goufen. Nieft de Failliten ass den Haaptgrond fir dësen Ecart d'Fraude. Lëtzebuerg gehéiert iwwerens zu deene Länner an der EU, wou dësen Ecart an niddregsten ass.

**Question 5946** (16.03.2022) de **M. Serge Wilmes** (CSV) concernant les **documents du Centre de documentation et de recherche pour la résistance** :

Mam Gesetz vum 20. Juli 2002 gouf d'Schafe vun engem Centre de documentation et de recherche pour la résistance beschloss, deem als Aufgabe hat, sämtlech historesch Dokumenter zu der Lëtzeburger Resistenz zur Zäit vun der Occupatioun ze sammeln a fir d'Fuerschung brauchbar ze maachen. 14 Joer méi spéit, gouf dunn awer d'Opléisung vun dëse Centres de Documentation beschloss an dass sämtlech historesch Dokumenter an d'Nationalarchiv transferéiert solle ginn. Obwuel, d'Dokumenter an d'Nationalarchiv iwwergaange sinn, sinn se bal sechs Joer dono nach ëmmer net inventariséiert an deemno fir d'Geschichtsfuerschung onbrauchbar.

Des Weidere war en Deel vun der Dokumentatioun virum Transfert an d'Nationalarchiv, op der Gare de Hollerich konservéiert, wou nieft dem Memorial de la Déportation och nach e Musée iwwert den Enrôlement de force an d'Déportation war. Zënter enger Zäit ass dëse Musée, deem och iwwert eng Bibliothék vu ronn 3.000 verfüügt, nëmme nach op Rendez-vous zougängelech, wat mat sech bréngt, dass d'Zuel vun de Visiteure staark erofgaangen ass.

An dësem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Staatsminister an un d'Madamm Kulturministesch stellen:

1. Wéi wäit ass d'Nationalarchiv mat der Inventariséierung vum transferéierte Material a wéini kann en ongeféier domadder rechnen, dass dës Material erëm brauchbar fir d'Geschichtsfuerschung ass?

2. Firwat ass de Musée vun der Deportatioun nëmme nach op Rendez-vous zougängelech?

3. Gedenkt Dir de Musée de la Déportation erëm no regulären Zäite fir de Public opzemaachen?

**Réponse commune** (12.04.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre*, *Ministre d'État*, et de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture* :

ad 1. De Fong vum Centre de documentation et de recherche sur la résistance ass 2016 an d'Nationalarchiv verséiert ginn. Et handelt sech ëm ongeféier 150 ml, soit 226 Plënnkerëschten.

Wéi den Transfert geschitt ass, ass e sommaire Bordereau de versement erstallt ginn, deem déi eenzel Sous-Fongen an Deeler thematesch festhält. Et gouf kee systemateschen Inventaire vun den Dokumenter, mee nëmme vereenzelt Deskriptiven.

Dee Bordereau de versement ass zougängelech fir de Public, sou dass e sur demande un all Chercheur, deem eng Ufro an deem Sënn mécht, kommunizéiert ka ginn. Dozou kënn, dass d'Equipe vum Nationalarchiv sur demande Recherchen am Fong mécht a sur mesure Dossieren inventoriéiert. D'Inventorisation gëtt gemaach fir dem aktuelle legale Kader Rechnung ze droen, notament wat déi eenzel Schutzfristen an den Zougang uegt.

D'ANLux sinn amgaangen e Kalenner auszeschaffen fir déi nächst fënnf Joer wat d'Inventorisation ubelaangt. An deem Kader ass d'Opschaffe vun dësem Fong virgesinn. Dee Kalenner gëtt op dem Internetsite vun der ANLux public gemaach.

ad 2. + 3. Fir de Staatsministère ass et wichteg, déi zwee „Sites mémoriels“ um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg, d'Gare vun Hollerech an d'Villa Pauly, nach méi attraktiv a méi accessibel fir de Public ze maachen. D'Aarbecht mat deene Jonken a fir déi Jonk huet dobäi eng besonnesch Prioritéit.

D'Zuel vun de Visiteure war op béide Sitten niddereg. Grouss Efforte sinn déi lescht zwee Joer gemaach ginn, fir déi Tendenz ze stoppen, well d'Schüler an och aner Interesséierter besichen déi zwou Plätzen nëmme wann ee ganz proaktiv op si duergeet. De Konzept vu béide Sitten huet also misse iwwerschafft ginn.

D'Gare vun Hollerech an d'Villa Pauly si kompletar fir d'Visiteure fir den Zweete Weltkrich ze sensibiliséieren. D'Attraktivitéit vun deenen zwee Sitte fir de Public gëtt an zwou Phase verbessert:





- Déi éischt Phas, d'Valorisatioun vun der Villa Pauly, ass bal ofgeschloss. An der Villa Pauly fanne zënter 2021 Wiesselausstellungen statt, an et ginn och reegelméisseg Zäiten, wou d'Gebai fir de Public op ass (dënschdegs bis freides; 13.00 bis 16.30 Auer).

- Déi zweet Phas vun der Valorisatioun Hollerecher Gare huet ugefaangen. Esou ass kierzlech eng Konventioun mat der Nationalbibliothék ënnerschriwwen ginn, fir den Zougang, och iwwert Internet, zu der Bibliothék ze verbesseren. D'Attraktivitéit vun der Ausstellung zu Hollerech an d'Zuel vun de Visiteuren wäert duerch d'Zesummenaarbecht mat de Schoulen, Associatiounen an anere Partner an d'Luucht gesat ginn.

De Staatsministère wäert och an Zukunft proaktiv Visiten an Aktivitéiten an der Gare vun Hollerech respektiv an der Villa Pauly organiséieren. Déi éischt Resultater si villversprechend. Déi genannten Efforte gi weider gefouert an d'Eröffnungszäiten der Demande ugepasst.

**Question 5947** (17.03.2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) concernant les **logements locatifs abordables** :

Étant donné que le nombre de logements locatifs abordables gérés par le Fonds du logement et la Société nationale des habitations à bon marché (SNHBM) est très limité, il importe que ces logements soient attribués à des ménages à revenus modestes.

1) J'aimerais dès lors savoir de Monsieur le Ministre du Logement dans quelle mesure les ménages qui occupent actuellement ces logements locatifs abordables répondent à ce critère.

2) Étant donné que les loyers demandés sont adaptés régulièrement à l'évolution des revenus des ménages, j'aimerais savoir quels sont actuellement les loyers maxima demandés pour quel type de logement.

3) Combien de ménages pourraient, le cas échéant, se procurer un logement sur le marché libre respectivement acquérir un logement en propriété, vue l'évolution favorable de leurs revenus ?

**Réponse** (04.04.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre du Logement* :

ad 1) La mise en location des logements bénéficiant des aides à la pierre conformément à la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement par des promoteurs publics, tels le Fonds du logement, la SNHBM et les communes, doit se faire conformément aux dispositions du règlement grand-ducal du 16 novembre 1998 fixant les mesures d'exécution relatives à ces logements.

Ce règlement oblige le promoteur à attribuer un ordre de priorité en prenant en considération notamment les critères financiers, d'hygiène et socio-familiaux suivants :

- 1) le revenu du ménage ;
- 2) la situation précaire du ménage qui :
  - a) doit quitter un logement
  - insalubre, ayant fait l'objet d'une décision d'inhabilité par le bourgmestre chargé de l'exécution des lois et règlements de police conformément aux dispositions de la loi communale du 13 décembre 1988, telle qu'elle a été modifiée ;
  - suite à une procédure d'expropriation pour cause d'utilité publique ;
  - suite à une condamnation au déguerpissement, le ménage ayant été de bonne foi ;
- b) occupe un logement non équipé d'une douche ou d'une salle de bain respectivement d'un WC, en distinguant si le ménage n'a pas accès à un tel équipement ou si l'accès ne lui est pas réservé exclusivement ;
- c) occupe un logement non adapté conformément aux critères de l'article 8 ;
- d) occupe un logement non conforme quant à sa structure ou aux matériaux utilisés portant atteinte à la salubrité, à l'habitabilité ou à la sécurité du logement ;
- e) occupe un logement pour lequel il doit payer un loyer mensuel conforme aux dispositions de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil et qui dépasse 30 % de son revenu mensuel net disponible ;
- 3) l'effort personnel du ménage sur le marché du

travail et sur le marché du logement pour trouver un emploi et/ou un logement ;

- 4) le comportement antérieur du ménage ;
- 5) l'âge des personnes composant le ménage.

ad 2) Ce même règlement grand-ducal oblige les promoteurs publics, tels le Fonds du logement, la SNHBM et les communes, à déterminer le loyer demandé aux locataires de la façon suivante :

Le loyer annuel se compose de deux éléments, dont le premier dépend du revenu net disponible annuel du ménage et le deuxième de la surface pondérée du logement. Pour la part du loyer déterminée en fonction du revenu net disponible du ménage est également pris en considération la composition du ménage en appliquant au revenu net total les coefficients d'unité de consommation suivants :

- pour le 1<sup>er</sup> adulte : 1 ;
- pour tout adulte, à partir du 2<sup>e</sup> : 0,70 ;
- pour le 1<sup>er</sup> enfant à charge : 0,40 ;
- pour le 2<sup>e</sup> enfant à charge : 0,45 ;
- pour tout enfant à charge, à partir du 3<sup>e</sup> : 0,50.

Pour chaque enfant à charge âgé de 14 ans ou plus, l'unité correspondant à cet enfant est augmentée de 0,1.

La part du loyer déterminée en fonction de la surface pondérée du logement se base sur un calcul très complexe tenant compte de la taille du logement, de sa typologie et de son équipement. La part du loyer déterminée en fonction de la surface pondérée du logement intervient pour un quart dans le montant total du loyer.

Il n'y a dès lors pas de loyer « maxima » pour un type de logement. Les loyers maxima demandés dépendent largement de la composition du ménage et de son revenu net.

Pour ce qui est des revenus effectifs des locataires de la SNHBM et du Fonds du logement, la situation se présente de la façon suivante :

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

ad 3) Aucune conclusion n'est possible concernant le potentiel d'acquisition d'un logement sur le marché privé par des locataires auprès des promoteurs publics, celle-ci étant fortement dépendante des situations financières individuelles (épargne, économie, etc.).

**Question 5948** (16.03.2022) de **M. Dan Biancalana** (LSAP) concernant le **blocage d'accès pour les mineurs aux sites pornographiques** :

L'Autorité de régulation de la communication audiovisuelle et numérique (Arcom), le régulateur des médias français, a agi en justice avec l'objectif de bloquer l'accès pour des mineurs à quelques sites pornographiques, comme Pornhub et Xvideos. Ces sites ont déjà été mis en demeure depuis décembre 2021, sommés pour empêcher l'accès de mineurs à leurs contenus. Cependant, ces mises en demeure sont restées sans effets de la part des destinataires.

Ceci a conduit le régulateur à saisir la justice afin que l'appareil judiciaire ordonne aux principaux fournisseurs d'internet de bloquer cet accès. Dans le cas d'une telle décision de blocage d'accès, ces sites seront inaccessibles à partir du territoire français. Les internautes, visitant ces pages, seront alors automatiquement redirigés vers une page d'information explicative.

Au Luxembourg, l'Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel (ALIA) est dotée de la surveillance des plateformes de partage de vidéos, qui sont tenues de mettre en place des mesures pour protéger les jeunes contre les contenus préjudiciables, conformément à la législation nationale. Ces mesures incluent, entre autres, des mécanismes de garantie d'âge.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Justice et à Monsieur le Ministre des Communications et des Médias :

1) Est-ce que Madame et Monsieur les Ministres estiment que les sites pornographiques sont soumis, à l'échelle nationale, à des contrôles d'accès suffisamment efficace afin d'empêcher des mineurs d'accéder à leurs contenus ?

2) L'ALIA, dans sa fonction de surveillance des plateformes de partage de vidéos, a-t-elle déjà saisi la justice luxembourgeoise pour solliciter un blocage d'accès pour les mineurs aux sites pornographiques ?

3) Le prestataire de service MindGeek, propriétaire de YouPorn et domicilié au Luxembourg, fait-il l'objet de contrôles réguliers de la part de l'ALIA ?

**Réponse commune** (22.04.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias*, et de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1) À l'échelle nationale, la loi modifiée sur les médias électroniques, qui reprend les règles harmonisées de la directive européenne sur les services de médias audiovisuels, oblige les plateformes de partage de vidéos relevant de la compétence du Grand-Duché de Luxembourg à prendre des mesures appropriées pour protéger les mineurs des programmes ou vidéos susceptibles de nuire à leur épanouissement physique, mental ou moral. Une des missions de l'Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel (ALIA), telles que prévues par la loi précitée, consiste à « mettre en place des mécanismes pour évaluer le caractère approprié des mesures prises par les plateformes de partage de vidéos ». Il appartient donc à l'ALIA, établissement public indépendant, d'apprécier le caractère approprié des contrôles d'accès mis en place par les plateformes de partage de vidéos et de sanctionner, en vertu de l'article 35 sexies de la loi précitée, le cas échéant, les plateformes qui enfreignent la loi précitée.

L'article 383 du Code pénal dispose par ailleurs que : « Le fait soit de fabriquer, de transporter, de diffuser par quelque moyen que ce soit et quel qu'en soit le support un message à caractère violent ou pornographique ou de nature à porter gravement atteinte à la dignité humaine, soit de faire commerce d'un tel message, est puni d'un emprisonnement d'un mois à trois ans et d'une amende de 251 à 50.000 euros lorsque ce message est susceptible d'être vu ou perçu par un mineur ».

ad 2) Selon les informations dont disposent les ministres, l'ALIA n'a pas encore saisi la justice luxembourgeoise ou prononcé de sanction contre un fournisseur de plateforme de partage de vidéos relevant de la compétence du Grand-Duché de Luxembourg.

ad 3) Les plateformes de partage de vidéos du groupe MindGeek sont gérées et exploitées par une entité chypriote du groupe, MG Freesites Ltd. Cette dernière étant établie à Chypre, il incombe, en vertu des règles européennes sur la répartition des compétences entre États membres, aux autorités chypriotes - et à elles seules, puisque la directive sur les services de médias audiovisuels vise à éviter les conflits de compétences entre États membres - de s'assurer que les plateformes de partage de vidéos relevant de leur compétence prennent les mesures appropriées pour protéger les mineurs.

En ce qui concerne l'entité MindGeek SARL, établie au Luxembourg, il s'agit d'une société de participation financière (Soparfi), détenant des participations dans d'autres sociétés. Aucun des sites ou serveurs ne se trouve d'ailleurs sur le territoire du Grand-Duché. Enfin, il est à noter que tant l'ALIA que les services du Ministre des Communications et des Médias ont pris contact par le passé avec les autorités chypriotes pour s'assurer du suivi du dossier.

**Question 5952** (17.03.2022) de **M. François Benoy** (*déi gréng*) concernant l'**application à la zone franche des sanctions à l'égard d'oligarques russes** :

Suite à l'invasion russe en Ukraine, l'Union européenne a mis en place non seulement des sanctions économiques sévères à l'égard de la Russie, mais aussi à l'égard de nombreux oligarques faisant partie de l'entourage du Président de la Fédération de Russie. Selon la décision 2014/145/PESC du Conseil telle que modifiée dernièrement le 9 mars 2022, « sont gelés tous les fonds et ressources économiques appartenant à des personnes physiques responsables d'actions qui compromettent ou menacent l'intégrité territoriale, la souveraineté et l'indépendance de l'Ukraine [...] ».

Dans ce contexte, je voudrais avoir les renseignements suivants de la part de Madame la Ministre des Finances :

1) Dans quelle mesure les sanctions prémentionnées s'appliquent à la zone franche au Luxembourg ? Est-ce que des biens déposés à la zone franche au Luxembourg et appartenant à des oligarques ou entités russes visés par les sanctions sont aussi concernés par les sanctions ?

2) Le cas échéant, comment est-ce que l'application de ces sanctions est-elle contrôlée par les autorités respectives ?

**Réponse** (20.04.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

La zone franche n'est pas une zone de non-droit. Les acteurs qui y opèrent doivent pleinement respecter le cadre légal et réglementaire existant au Grand-Duché de Luxembourg. La décision 2014/512/PESC concernant des mesures restrictives eu égard aux actions de la Russie déstabilisant la situation en Ukraine fait partie de ce cadre et elle est donc applicable au sein de la zone franche et les biens y déposés appartenant à des oligarques ou entités russes visés par la décision 2014/512/PESC doivent être soumis aux sanctions prévues.

L'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA est l'autorité de contrôle désignée pour les opérateurs agréés de la zone franche. Des contrôles sont effectués pour s'assurer du respect non seulement des dispositions de la décision 2014/512/PESC, mais de toute la réglementation relative à la lutte contre le blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme à laquelle ces opérateurs sont également soumis.

**Question 5953** (17.03.2022) de **M. Max Hengel** (CSV) concernant les **complications postopératoires après une infection Covid-19** :

Laut enger Etude vum CovidSurg Collaborative<sup>7</sup> kënnt et bei Patienten, déi bannent siwe Wochen no enger Sars-CoV-2 Infektioun operéiert ginn, zu enger erhéichter Stierflechkeet no dem operativen Agrëff.

Brittesch Fuerscher schléissen heiraus, datt no siwe Woche bei Patienten ouni Symptomer keng speziell Virsiichtsmoosname méi néideg sinn am Fall vun enger Operatioun. Bei den anere Fäll wou och nach no siwe Woche Symptomer virleien, musen d'Dokteren ofschätzen, ob e Verréckele vun enger Operatioun méi riskant wier wéi eventuell Komplikatiounen no enger Operatioun bedéngt duerch eng Covidinfektioun.

De Beruffsverband vun den däitsche Chirurg\*innen an d'Bundesverbände deutscher Anästhesist\*innen hunn esouguer eng offiziell Recommendatioun<sup>8</sup> erausginn, fir mat Operatiounen siwe Wochen no enger Covidinfektioun ze waarden.

Virun dësem Hannergrond wollt ech folgend Froen un d'Gesondheitsministesch stellen:

1. Kennt d'Regierung déi besoten Etude resp. déi genannte Recommendatiounen?
2. Ginn et änlech Recommendatiounen och an oder fir d'Spideeler zu Lëtzebuerg?
3. Wa jo, ginn et Statistike wéi vill Operatiounen do duerch verréckelt goufen?
4. Deelt d'Regierung d'Meenung, datt esou Recommendatiounen sënnavoll sinn?

**Réponse** (20.04.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Déi besoten Etude<sup>9</sup>, déi am Oktober 2020 realiséiert gouf, gouf an enger Revue médicale internationale (Anaesthesia) am Juni 2021 publizéiert. Dës Etude ass op Basis vu ronn 140.000 Patienten duerchgefouert ginn, dovunner haten 3.127 Patienten e positive preoperatoire Covid-19-Test.

ad 2. D'Resultater vun esou enger Etude kënnen nëmme berücksichtegt ginn, wann een sech och de Limite vun dëser Etude bewosst ass, wéi z. B. d'Inklusivonskrittären an de Kontext, an deem dës Etude duerchgefouert gëtt (wéi ënnert anerem d'Covid-19 Variant, déi zu deem Ablack, wou d'Etude duerchgefouert gouf, dominéiert huet). Wéi schonn an dësem Artikel mentionéiert, gëtt d'Ofschätze vum Rapport Benefice/Risiko vun enger Interventioun a vum Delai ëmmer am cas par cas fir all eenzel Patient diskutéiert.<sup>10</sup>

D'Recommendatioun an der Praxis, déi op Basis vun de Resultater vu verschidde Studien ausgeschafft gi sinn, kënnen mam Wëssen a Berécksiichtigung vun aner Elementer evoluéieren, wéi z. B. am Kontext vun der Pandemie Covid-19, den Impftaux an den zirkuléierende Varianten<sup>11</sup>.

ad 3. Urgent Operatiounen konnten en général wéi programmiert gemaach ginn an déi aner si geréckelt a progressiv programmiert ginn. Et ass schwéier eng iwwergräifend Statistik an deem Sënn ze erstellen a gouf dofir och net gemaach. Am Moment huet de Gesondheitsministère keng aktuell Statistiken wat dëse Punkt betrëfft.

ad 4. Esou Publikatiounen sinn ganz interessant. D'Kenntniss iwwert dës Aarbechten erlaben et, Recommendatiounen auszeschaffen sou wéi déi Recommendatiounen, déi fir Lëtzebuerg vum Conseil scientifique du domaine de la santé<sup>12</sup> a vum Conseil supérieur des maladies infectieuses ausge-

<sup>7</sup> <https://pubmed.ncbi.nlm.nih.gov/33690889/>

<sup>8</sup> <https://www.dgai.de/alle-docman-dokumente/aktuelles/1696-stellungnahme-zu-operation-und-intervall-zucovid19-impfung-oder-infektion-12-05-2021/file.html>

<sup>9</sup> "Timing of surgery following Sars-CoV-2 infection: an international prospective cohort study"

<sup>10</sup> "Decisions should be tailored for each patient, since the possible advantages of delaying surgery for at least seven weeks following Sars-CoV-2 diagnosis must be balanced against the potential risks of delay. For some urgent surgical procedures, such as resection of advanced tumors [19, 20], surgeons and patients may decide that the risks of delay are not justified."

<sup>11</sup> cf. recommandations de la société française d'anesthésie réanimation (SFAR) de janvier 2022 <https://sfar.org/positionnement-de-la-sfar-sur-ledelai-de-report-dune-intervention-programmee-apres-test-de-depistage-preoperatoire-positif/>

<sup>12</sup> <https://conseil-scientifique.public.lu/fr/procedures/elaboration.html>

## Le saviez-vous ?

### RENVOI

Le renvoi est l'acte par lequel la Conférence des Présidents saisit une commission d'un projet de loi ou d'un autre document.





schafft ginn. Dës Recommandatiounen sinn och op de jeeweilegen Internetsitten opuffbar.

**Question 5954** (18.03.2022) de **M. Fred Keup** (*ADR*) concernant les **conférences avec des membres du Gouvernement dans les écoles** :

Viru Kuerzem huet e Member vun der Regierung virun Deuixièmes- a Premiërschüler am Lycée Josy Barthel Mamer ee Virtrag iwwer déi „ganz aktuell Theemen Energieversuergung a Landesplanung“ (sou de Wuertlaut op der Invitatioun) gehalen. Dëse Virtrag war Bestanddeel vum neie Projet d'établissement, zu deem ënnert anerem d'Nohaltegkeet gehéiert.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Kann den Här Schoulminister matdeelen, wéi eng Membere vun der Regierung, an der Zäitperiod vun 2018 bis haut, zu wéi engem Zäitpunkt an zu wéi engem politesche Sujet an enger Schoul vum Enseignement public ee Virtrag gehalen hunn oder ob soss eng Manéier intervenéiert sinn? (Net considéiert sinn Aweilunge vu Gebaier oder reng administrativ Visitte vum Här Schoulminister ouni politesch Ried).

2. Geet d'Regierung dovun aus, datt et akzeptabel ass, datt eng ëffentlech Schoul, déi jo soll politesch neutral sinn a Meinungsppluralismus wéi och d'kritescht Denke férdere soll, eng eesäitig Meinung promouvéiert, wa just e Member vun der Regierung invitéiert gëtt, fir iwwer ee bestëmmte politesche Sujet ze schwätzen? Gesäit d'Regierung do net d'Gefor vun engem „abus de pouvoir“ vun der Regierungsmembere mam Zil, déi jonk Leit politesch ze beaflossen?

3. Wier et bei esou Virträg net ubruecht, datt op d'mannst eng weider Persoun mat enger anerer politescher Meinung ageluede géif ginn, entweeder gläichzäitig oder kuerz duerno, fir de Meinungsppluralismus an de Schoule sécherzestellen?

**Réponse** (26.04.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

ad 1. Folgend Regierungsmembere si vun 2018 bis haut an enger ëffentlecher Schoul intervenéiert:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).*

Net abegraff sinn an dëser Opstellung d'Interventionen vu Membere vun der Regierung bei Geleeënheet vun der Aweilung vu Gebaier, vu Séances académiques oder vun Diplomiwwerreechungen. Och déi reng administrativ Visitten, déi ech als Educationminister an de Schoulen ënnerrhuelen, sinn hei net opgezielt.

ad 2. + 3. Ech deelen dem honorabelen Deputéierte seng Opfaassung, datt déi ëffentlech Schoul politesch neutral muss sinn, an doriwwer eraus de Meinungsppluralismus an dat kritescht Denke soll férdere; esou hunn ech dat a menger Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5742 och duergeluecht.

Opgond vun der ganz gerénger Zuel vun Interventionen vu Membere vun der Regierung gesinn ech keng Gefor vun engem „abus de pouvoir“ mam Zil, déi jonk Leit politesch ze beaflossen. Ech hunn ëmmer erëm betount - esou wéi den honorabelen Deputéierten dat och suggeréiert - datt een d'Interventionen vu politesche Perséinlechkeeten an de Schoulen an hirem Ensembel muss betruechten: politesch Neutralitéit a Meinungsppluralismus ergëtt sech aus der Zomm vu sämtlechen Interventionen.

**Question 5955** (17.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **litiges avec l'Administration des contributions directes** :

An engem Artikel vum 15. Mäerz 2022 op [zeit.de](http://zeit.de) kann ee Folgendes liesen:

„In strittigen Steuerverfahren unterlaufen den deutschen Finanzämtern viele Fehler: In den vergangenen Jahren haben klagende Bürger und Unternehmen fast die Hälfte der Revisionsverfahren vor dem Bundesfinanzhof (BFH) in München gewonnen.“

Der Großteil der Steuerbescheide in Deutschland wird nicht angefochten [...]. Doch erreicht ein Rechtsstreit um den Steuerbescheid in zweiter Instanz einmal das höchste deutsche Steuergericht, haben Bürger und Unternehmen sehr gute Erfolgschancen - alljährlich gehen mehrere hundert neue Revisionsverfahren am BFH ein.“

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministere fir Justiz a fir Finanzen dës Froen stellen:

1. Wéi vill mol goufen d'Gerichter zu Lëtzebuerg an de leschte fënnef Joer mat Affären tëschent der Steierverwaltung a Steierzueler befaasst?

2. Bei wéi ville vun dësen Affären krut de Steierzueler Recht?

**Réponse commune** (15.04.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*, et de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

Den honorabelen Deputéierte fënnt déi gefroten Zuelen am Tableau en annexe.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).*

**Question 5956** (18.03.2022) de **MM. André Bauler** et **Gusty Graas** (*DP*) concernant l'**augmentation du prix de la viande** :

De Präis vun eenzelne Fleeschsorten ass an de leschte Woche staark geklommen.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froen stellen:

1. Kann den Här Minister eis d'Entwécklung vun de Fleeschpräisser zanter Oktober 2021 retracéieren?

2. Sollten d'Präisser staark geklomme sinn, wee profitéiert a wat fir engem Mooss vun dësen Hausen?

3. Explizéiert d'Ukrainkris eleng, firwat dës Präisser geklomme sinn?

**Réponse commune** (25.04.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*, et de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie* :

ad 1. Am Lëtzebuurger Verbraucherpräisindex (Indice des prix à la consommation national - IPCN) sinn d'Liewensmëttel mat 11,4 % ee wichtegen Deel. Am sougenannte Wuerekuerf, deem seng Präisser suivéiert ginn, sinn och verschidden Zorte Fleesch integréiert, sou dass et méiglech ass, d'Evolution vun deene Produkter vu Mount zu Mount ze retracéieren.

Vun Oktober 2021 bis Mäerz 2022 sinn d'Präisser vun de Liewensmëttel am Allgemengen ëm 3,4 % geklommen. D'Präisser fir Fleesch sinn an deem Zäitraum ëm 4,1 % geklommen. Am Wuerekuerf gëtt et och eng detailléiert Ennerdeelung vun de verschiddene Fleeschsorten, do stellt een déi stäerkste Präishausse fir d'Schofs- a Geesefleesch fest mat iwwer 9 %. D'Präisser fir Rëndsfleesch a Kalleffleesch sinn an de 5 Méint tëschent Oktober 2021 a Mäerz 2022 ëm 4,4 % geklommen, an déi fir Schwéngfleesch ëm 2,8 %.

(*Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).*

ad 2. D'Marge vun de verschiddene Produzenten an Distributeuren ginn am Verbraucherpräisindex net observéiert. Et kann een awer dervun ausgehen, datt de Käschendrock sech vergréissert huet, zum Beispill weinst méi héijen Energie-, Fudder- a Verpackungspräisser.

Um Niveau vun de Schluechtpräisser sinn zu Lëtzebuerg zanter Enn 2021 verschidde Steigerungen ze verzechnen (cf. Grafik 2).

(*Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).*

De Krich an der Ukrain ass de 24. Februar ausgebroch, zu engem Zäitpunkt, wou d'Kollekte vum Verbraucherpräisindex fir de Mount Februar schonn of-

geschlossen war. Ee méiglechen Impakt vun der Ukrainkris ass also fréistens an den Zuele vum IPCN vum Mäerz 2022 ze gesinn. Vu Februar op Mäerz ass d'Fleesch am Verbraucherpräisindex ëm 2,1 % geklommen.

Am Mäerz ass de Weltmarktpräis vum Fleesch laut der Food and Agriculture Organization of the United Nations (FAO) ëm bal 5 % am Verglach zu Februar geklommen. Als Grond gëtt eng limitéiert Offer fir Rand-, Geflügel- a Schwéngfleesch bei enger staarker Nofro<sup>13</sup> genannt.

ad 3. (*Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).*)

**Question 5957** (18.03.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant le **déploiement du standard de radiodiffusion numérique DAB+** :

Iwwert digital Antennenradioe kann een DAB+-Sendereen ëmfänken. De Service des médias (SMC) huet 2020 eng Etüd mat dem Broadcasting Center Europe (BCE) zum DAB+ lancéiert a finaliséiert. Radiosender konnten dëser Zäit Tester maache mam Iwwerdroungsmodell. De Staat huet fir eng Hëllef zum Ausbau vum DAB+ ronn 100.000 € virgesinn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Digitalisatioun dës Froen stellen:

1. An engem Communiqué vum Staatsministère vum Dezember 2020 gëtt eng Feuille de route erwänt, déi opgrond vun den Tester vun 2020 sollt opgestallt ginn, fir den Deploiement fir d'Joer 2021 ze reegelen.

Kann de Minister erläuteren, wéi d'Pläng fir 2022 an deem Kontext ausgesinn?

2. An der Äntwert op d'Fro N° 4575 huet de Minister erkläert, dass nach eng Rei oppe Froe géife bleiwen, wat d'Balance tëscht de verschiddenen etabléierten a potenziell neie Radiosender géing ugoen. Sinn dës Froen an Tëschenzäit gekläert ginn? Wa jo, wéi denkt den SMC, dass dës Balance soll ausgesinn? Op Basis vun ewéi enge Krittäre wäerten d'Plaze verdeelt ginn?

3. An der Äntwert op déi selwecht Fro erkläert de Minister, dass d'Konditiounen fir den Accès zum DAB+ zum Deel duerch d'Käschte wäert bestëmmt ginn. Och soll d'ALIA mat un dësem Dossier schaffen, fir ze bewäerten, ob ee „système de soutien“ fir déi lokal Radioe soll agefouert ginn. Ginn et hei scho Fortschreitter, wat d'Evalutatioun vun esou engem „système de soutien“ ugeet? Aweifern wäerten d'Käschte vum DAB+ d'Radiosender bestëmmen, déi heivu profitéiere kënnen?

**Réponse** (12.04.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias* :

ad 1. D'Feuille de route zum Deploiement vum DAB+ gëtt den Ament finaliséiert. D'Publikatioun vun dëser Feuille de route ass fir Mee 2022 geplangt.

ad 2. D'Mediegesetz gesäit vir, dass déi bestoend Radiosprogrammer - méi genee d',radios à émetteurs de haute puissance“ an d',radios à réseau d'émission“ - Prioritéit op d'Diffusioun via Multiplex hunn. Ob dës Programmer iwwer DAB+ diffuséiert wäerte ginn, bleift am Endeffekt awer hir Entscheidung. Doriwwer eraus wäert et sécherlech nach Plaz fir nei Programmer ginn, ënnert der Konditioun, dass si déi entspreichend Permissioun erhalten. Fir d'Lokalradioe wäert zäitgläich eng zousätzlech separat Léisung proposéiert ginn.

Betreffend d'Critèren, ginn den Ament schonn déi allgemeng Objektivier aus dem éischten Artikel vum Mediegesetz, besonnesch d'Stärke vum Mediepluralismus, a betruucht gezunn, fir d'Attributioun vun den FM Frequenzen. Dës Logik soll och mat dem neien Diffusionsstandard bäibehale ginn. D'ALIA wäert och an d'Prozedur mat agebonne ginn.

ad 3. Den Ament gëtt eng gesetzlech Basis finaliséiert, déi de Lokalradioe soll erméiglechen, och kënne via DAB+ diffuséiert ze ginn. Gläichzäitig gëtt ënnersicht, a wéi enger Form déi zousätzlech Diffusionskäschte vun de Lokalradioen - déi laut Gesetz ëmmer d'Form vun enger ASBL hunn an nëmme limitéiert eege Recette kënne maachen - duerch eng ëffentlech Finanzéierung kënnen iwwerholl ginn.

D'ALIA huet am Oktober 2021 en Avis publizéiert (Avis n° 07/2021 du 4 octobre 2021 du conseil d'administration de l'Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel relative au déploiement du DAB+ au Luxembourg), andeem si de Prinzip ënnersträicht, dass den DAB+ fir jidderee soll zougänglech gemaach ginn, an andeem si virschléit, dass de Staat dës Käschte soll iwwerhuelen.

Méi Detailler iwwer de Finanzement vun den Diffusionskäschte wäerten an der Feuille de route ze liesen sinn.

**Question 5959** (18.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant les **mères porteuses ukrainiennes** :

D'Ukrain ass een Hotspot am transnationale Marché fir Leihmutterchaft (GPA). Op der ganzer Welt profitéiere Koppelen, déi net selwer Eltere kënne ginn, vun der bëlleger reproduktiver Aarbecht vu jonke Fraen an dësem osteuropäesche Land, dat säit dem 24. Februar 2022 am Zentrum vun der Weltëffentlechkeet steet. No ënnerschiddleche Berechnungen bezitt eng Koppel fir ee Puppelchen, deen an der Ukrain ausgedroe gëtt, tëscht 40.000 a 60.000 Euro. Mam Krichsausbroch vu virun dräi Wochen ass ongewëss, wéi vill där Puppelcher am Ablack an der Ukrain drop waarden, ofgehall ze ginn, a wéi et mat de Fraen, déi dës Kanner ausdroen hunn oder ausdroen, weidergoe soll. Et ass domat ze rechnen, datt vill vun dëse Frae versiche wäerten d'Land ze verlossen.

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Huet d'Regierung Zuelen oder ginn et Schätzungen, wéi vill Koppelen, déi hei am Land wunnen, am Ablack op ee Puppelche waarden, deen an der Ukrain ausgedroe gëtt oder an deene leschte véier Wochen ausgedroe gouf?

2. Ginn et Indicationen, datt ukrainesch geléinte Mammen am Abléck als Refugiée zu Lëtzebuerg sinn?

3. Gëtt eng ukrainesch geléinte Mamm, déi hei am Land accouchéiert, rechtlech als Mamm vum Kand ugesinn? Wa jo, gëllt dat souwuel fir Fraen, déi biologesch d'Mamm vum Kand sinn, wéi och fir Fraen, déi net geneetesche Famill mam Kand sinn, déi also een Embryo agesat kruten, deen duerch kënschtlech Befruchtung produzéiert gouf?

4. Huet d'Fro, ob d'ukrainesch Fra, déi hei am Land als geléinte Mamm ee Kand ausdréit, geneetesche mam Puppelche Famill ass oder net, een Afloss dorop, wat mam Puppelche geschitt? Géing esou e Kand hei am Land un déi Persounen iwwergi ginn, déi d'Kand bestallt hunn?

**Réponse commune** (05.04.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1. Nee, d'Regierung huet keng Informatiounen doriwwer.

ad 2. Nee, d'Regierung huet keng Indicationen, dass ukrainesch geléinte Mammen am Land sinn.

ad 3. Eng ukrainesch Persoun, déi bei eis am Land e Kand op d'Welt bréngt an an den Acte de naissance agedroen gëtt, gëtt als Elterendeel vun deem Kand ugesinn.

ad 4. Déi ukrainesch Persoun, déi hei bei eis am Land e Kand op d'Welt bréngt, huet keen Afloss drop, wat mam Kand geschitt. Deen aneren Elterendeel huet awer legal gesinn d'Recht drop, dat Kand unzekerennen.

**Question 5960** (18.03.2022) de **MM. Sven Clement** et **Marc Goergen** (*Piraten*) concernant l'**impact des sanctions contre la Russie sur le secteur culturel** :

Duerch den Ugrëff op d'Ukrain duerch dem Putin säi Regime hu schonn Honnerten Zivilisten hiert Liewe verluer a Milliounen hunn hiert Doheem musse verlossen. Elo ass et awer esou, dass net all russesche Staatsbürger mat dësem Krich an den Decisiounen vum Kreml averstanen ass. Trotzdeem gouf et, nieft de Sanktiounen géint de Regime an seng Vertrieder, och Decisiounen, déi de russesche Konscht- a Kultursecteur betraff hunn. Esou wéi zum Beispill d'Verdecke vun der Statu vum Juri Gagarin zu Lunnereif oder d'Spärung vu russesche Filmer beim Lëtzebuurger Filmfestival.

An deem Zesammenhang wéilte mir der Ministesch fir Kultur dës Froen stellen:

1. Wéi muss mat der russescher Kultur an den Ausdréck vun dëser Kultur duerch Film, Konscht a Statuen an den Ae vun der Madamm Ministesch ëmgaange ginn?

2. Wéi steet d'Madamm Ministesch zu engem kategoresche Verbuet vu russescher Kultur? Denkt d'Madamm Ministesch net, dass een hei ganz kloer tëscht kremelfrëndlechen an onofhängege Kënschtler a Konschtgégestänn misst ënnerscheeden?

3. Wäert d'Madamm Minister op Gemengenniveau intervenéieren, fir de Gemengen dës Nuancë méi no ze bréngen?

4. Wéi soll an den Ae vun der Ministesch mat Statuen ëmgaange ginn, déi een Zesammenhang mat Russland hunn? Wëll d'Ministesch hei Krittäre festleeën, fir willkürlech Decisiounen ze vermeiden?

## Le saviez-vous ?

### SESSION

Une session est une des divisions de la législation. Il s'agit de la période de l'année pendant laquelle siège la Chambre des Députés. Le Règlement de la Chambre prévoit l'ouverture de la session pour le deuxième mardi d'octobre. Généralement une session se clôture juste avant l'ouverture de la prochaine session.

<sup>13</sup> cf. <https://www.fao.org/worldfoodsituation/foodprices-index/en/>





**Réponse** (31.03.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture* :

Et steet dem Kulturministère net zou, e generellen Ëmgang mat russescher Kultur ze determinéieren.

De Kulturministère setzt sech weiderhi fir déi artistesch a kulturell Onofhängegkeet vun de Lëtzebuerger Kulturinstitutionen an. Donieft hu mer eng Gemengenaautonomie zu Lëtzebuerg, déi mécht, datt all Gemeng hir Verantwortung an deene Fäll, wou si kompetent ass, ze huelen huet.

**Question 5963** (21.03.2022) de **M. François Benoy** et **Mme Jessie Thill** (*déi gréng*) concernant la **volonté du Gouvernement belge de prolonger deux de ses réacteurs nucléaires** :

Hier, le Gouvernement belge a décidé de fermer définitivement 5 des 7 réacteurs nucléaires belges tout en visant une prolongation de la durée de vie de 10 ans pour les deux réacteurs les moins âgés (Tihange 3 et Doel 4). Il devra maintenant négocier la faisabilité, les modalités et les coûts d'une telle prolongation avec le groupe énergétique français « Engie », opérateur des réacteurs belges.

Dans ce contexte, nous voudrions avoir les précisions suivantes de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, de Monsieur le Ministre de l'Énergie, de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Quelle est la position luxembourgeoise par rapport à cette décision ?

2) Est-ce qu'une intervention ministérielle auprès des autorités belges est prévue afin de défendre la position du Gouvernement luxembourgeois en la matière et de demander des informations supplémentaires ?

3) Sachant que toute prolongation de réacteur va également prolonger le risque nucléaire pour les pays voisins, la Belgique a-t-elle informé voire consulté le Gouvernement luxembourgeois sur cette question ?

4) Le Gouvernement va-t-il exiger une consultation transfrontalière des autorités et habitants des pays voisins ?

**Réponse commune** (25.04.2022) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, *Ministre de l'Énergie*, de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1) Eu égard à ses démarches en faveur d'une fermeture des centrales nucléaires de Tihange et Doel, le Gouvernement luxembourgeois regrette la décision du Gouvernement belge de repousser d'avantage les échéances de fermeture prévues par la loi du 31 janvier 2003 sur la sortie progressive de l'énergie nucléaire à des fins de production industrielle d'électricité.

ad 2) Le 19 mars 2022, un jour après l'annonce du Gouvernement belge, les ministres Dieschbourg et Turmes ont écrit à leurs homologues respectifs afin de partager avec eux leurs craintes par rapport à la continuation d'exploitation de ces centrales qui ne répondent pas aux normes des nouvelles constructions actuellement applicables dans ce domaine.

ad 3) Le Luxembourg n'a pas été consulté en aval de cette décision.

Dans leur lettre précitée, les ministres ont rappelé que les nombreux arrêts imposés par l'autorité du contrôle nucléaire belge aux exploitants des réacteurs illustrent leurs propos et que le public luxembourgeois est particulièrement inquiet de l'état des cuves dans lesquelles ont été détectées d'importantes fissures.

La décision récente de maintenir les réacteurs nucléaires Doel 4 et Tihange 3 en opération sera à l'ordre du jour de la prochaine réunion de la Commission belgo-luxembourgeoise de sûreté nucléaire et de radioprotection qui aura lieu en mai 2022 à Bruxelles. Il s'agira d'échanger sur les questions relatives à la sûreté des deux réacteurs et d'obtenir des informations plus précises sur les différentes étapes administratives prévues dans ce contexte.

ad 4) Dans le courrier du 19 mars passé, les ministres ont souligné que si le législateur belge devait suivre les plans du Gouvernement belge, et à nouveau décider de reporter la sortie du nucléaire, la Belgique devrait alors au moins respecter ses obligations en matière d'évaluations des impacts et que les États voisins ainsi que leur population devraient être associés au processus de consultation préalable.

Aussi bien la Cour de justice de l'Union européenne (C-411/17, 29 juillet 2019) que la Cour constitutionnelle belge (arrêt n° 34/2020, 5 mars 2020) ont jugé le dernier report des délais de désactivation en violation avec les obligations de la Belgique en

droit international et européen. En effet, conformément à la jurisprudence belge et européenne, pareil report tombe sous le champ d'application de la Convention sur l'évaluation de l'impact sur l'environnement dans un contexte transfrontalier (Espoo, 25 février 1991). Les activités nucléaires visées dans le champ d'application de la Convention d'Espoo et qui, à ce titre, sont soumises à évaluation des incidences environnementales, sont également soumises à l'obligation de l'article 6 de la Convention d'Aarhus consistant à consulter le public concerné et à lui permettre de participer au processus décisionnel.

**Question 5964** (22.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **situation sanitaire dans le secteur des soins** :

D'lescht Woch gouf an der Seniorie zu Péiteng ee Stack fir de Besuch ofgespaart, well eng Persoun positiv op de Covid getest gouf. D'Covidpandemie ass deemno nach net eriwwer an et gëllt, weiderhi virsiichteg ze sinn, virun allem fir déi Vulnerabelst hei am Land.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Famill an Integratioun dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch matdeelen, wéi vill Persounen an den Alters- a Fleegeheemer hei am Land aktuell positiv op de Sars-CoV-2 getest goufen?

2. Wéi vill Persounen an de Seniorien hunn aktuell nach kee ganzen Impfzyklus hanner sech?

**Réponse** (21.04.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration* :

ad 1. Op den 20. Abrëll 2022 sinn 263 Bewunner a 36 Alters- a Fleegeheemer hei zu Lëtzebuerg positiv op de Sars-CoV-2 getest. Vun dësen 263 Bewunner sinn der 13 hospitaliséiert.

Déi allermeescht vun dëse Persounen hu keng oder liicht Symptomer.

ad 2. 2,5 % vun de Bewunner aus den Alters- a Fleegeheemer hunn nach kee ganzen Impfzyklus hanner sech.

94,4 % vun de Bewunner aus den Alters- a Fleegeheemer hunn dräi Dosen Impfstoff kritt (geboost).

3 % vun de Bewunner aus den Alters- a Fleegeheemer hunn zwou Dosen Impfstoff kritt (komplett geimpt).

**Question 5965** (22.03.2022) de **M. Léon Gloden** (CSV) concernant les **attaques de bancomat à l'explosif** :

Innerhalb vun net mol enger Woch sinn hei am Land zwee Bancomate gesprengt ginn, als eischt zu Käerjeng (scho fir d'weet op der selwechter Plaz) an duerno zu Esch-Sauer. An de leschte Jore koun et ëmmer erëm zu esou Sprengungen hei am Land.

Ech wëll an dem Kontext folgend Froen un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet stellen:

1. Sinn an der Vergaangenheet scho konkreet Mesurë geholl ginn, fir géint esou eng Dote virzegoen?

2. Wéi eng Mesurë gedenkt den Här Minister an Zukunft ze huelen, fir esou Fäll ze evitéieren?

3. Schafft d'Regierung mat de Bedreier vun de Bankautomaten zesummen, fir eng gemeinsam Léisung vum Problem ze fannen? Wann nee, firwat net?

**Réponse** (28.03.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1. De Phänomeen vun de Bancomatssprengungen ass an de Nopeschlänner scho méi laang bekannt. D'Police schafft ganz enk am Ermittlungsberäich esou wéi an der Preventioun mat hiren auslänneschen Homologen zesummen.

Ausserdeem steet d'Police säit Joren a permanentem Kontakt mat der Banken-Associatioun ABBL, de „Protocole d'Accord sur la sécurité dans les banques“ gëtt reegelméisseg adaptéiert an d'Sicherheitsmoossname vun de Geldautomaten sinn no den eischte Bancomatssprengungen erop gesat ginn. D'Patrouillë vun der Police ginn nuets iwwer esou agedeelt, dass Passagé bei deene verschidene méi exposéierte Geldautomaten gemaach ginn.

ad 2. D'Police wäert sech weiderhi mat den Nopeschlänner austauschen, fir ermëtlungstechnesch weider ze kommen an och weiderhi mat der ABBL a reegelméissegem Kontakt stoen.

ad 3. Den nationale Preventiounsservice vun der Police mécht Rekommandatiounen iwwert déi verschidde Méiglechkeeten, fir Geldautomaten besser sécheren ze kënnen a proposéiert Preventiunsmoossnamen, déi am Kader vum uewe genannten Accord beschwat ginn. Verschidde Banken hu reagéiert, andeems vulnerabel Geldautomaten zougemaach oder duerch verschidde mechanesch oder

elektronesch Systemer besser geséichert gi sinn. Et opläit der Responsabilitéit an dem Engagement vum Bedreier fir adaptéiert Mesuren ze huelen.

**Question 5966** (22.03.2022) de **M. André Bauler** (DP) concernant la **réfection de la N15 à Niederfeulen** :

D'N15 duerch Nidderfeulen soll 2022 deelweis erneiert ginn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Kann den Här Minister Detailer zu dësen Aarbechte ginn?

2. Wéi ka während dëser Zäit den Duerchgangstrafic esou gereegelt ginn, datt et net zu laange Stauwe kënn? Sinn Ëmleedunge geplangt respektiv iwwerhaapt méiglech?

3. Wéi vill Gefierer fueren all Dag duerch Nidderfeulen? Wéi hu sech d'Zuelen an de leschte Joren entweckelt?

**Réponse** (02.05.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. D'Nationalstrooss N15 gëtt tëschent der Tankstell am Dall bis eng 200 Meter virun der Kéier Richtung Ettelbréck nei gemaach. Géigestand vun dësen Aarbechten ass d'Erneuerung vum Ënnerbau vun der Strooss. Wéinst dem aktuelle schlechten Zoustand sackt d'Strooss op där Plaz ëmmer erëm an. Gläichzäiteg profitéiert d'Gemeng vun där Geleeënheet, fir hir Infrastrukturen ze erneieren. D'Aarbechte fänken am August nom Kollektivcongé un, a solle viraussichtlech an engem Joer ofgeschloss sinn.

ad 2. Vu datt de Verkéier am Chantiersberäich duerch eng intelligente Luuchtenanlag gereegelt wäert ginn, si keng Ëmleedunge geplangt. Bei enger Baustell op enger Staatsstrooss mat héijem Verkéiersopkommes, an dat besonnesch an de Spëtzestonnen, ass et evident, datt et schwéier ass, ee gewëssene Réckstau ze vermeiden. Natierlech gëtt probéiert, déi negativ Auswierkungen op de Verkéier sou gutt et geet ze limitéieren. Et ass awer sou, dass all Projet an all Baustell, deem eng bestoend Situatioun verbessere soll, e bësse Verständnis a Geduld vun all de betroffene Leit erfuerdert.

ad 3. An der „route de Bastogne“, direkt am Agang vun Nidderfeulen, wann ee vun Ettelbréck kënnt, steet de permanenten an automatesche Compteur Nummer 905. D'Auswärtung vun dësen Donnéeën tëschent 2018 an 2021 beleet, dass d'Zuel vun de Gefierer, déi am Duerchschnitt all Dag do fueren, relativ stabil ass.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Déi Donnéeën sinn ëffentlech a kënnen vu jiddwengem zu all Moment réckwierkend op déi fënnef lescht Joer um „Portail des travaux publics“ opgeruff ginn (<https://travaux.public.lu/fr/infos-traffic/comptage.html>).

**Question 5967** (22.03.2022) de **M. Roy Reding** (ADR) concernant **l'évaluation de la réforme du divorce** :

De 14. Juni 2018 gouf d'Reform vum Scheedungsgesetz ugeholl. Dat neit Scheedungsgesetz vum 27. Juni 2018 gëtt vun der Regierung als eent vun de modernsten an Europa bezeechent, obschonn et och vu verschidde Säiten, notament vun der kathoulescher Kierch, kritiséiert gouf. Mat dësem Gesetz kruten d'Kanner d'Méiglechkeet, sech un de Familljerichter ze adresséieren, fir eng Ännerung vum Suergerecht unzefroen, woubäi dës Kanner ee Kanneraffekot zougewise ka ginn, fir hir Interesse vis-à-vis vun den Elteren ze verrieden. Och goufen nei Reegele fixéiert, fir d'Alimenter auserechnen.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Justizminister:

1. Verfüügt d'Regierung iwwert eng aktuell Lëscht mat den Nimm vun de Kanneraffekoten? Wa jo, wéi vill vun dësen Affekote si Fraen a wéi vill si Männer?

2. Ginn et Zuelen, déi beleen, a wéi ville Fäll et säit dem Akraafttriede vum neie Scheedungsgesetz zu enger Zesummenaarbecht tëscht dem Kanneraffekot an dem Scheedungsaffekot vun der Mamm vum Kand komm ass? A wéi ville Fäll koun et zu enger

Zesummenaarbecht tëscht dem Kanneraffekot an dem Scheedungsaffekot vum Papp vum Kand?

3. A wéi ville Fäll gouf säit dem Akraafttriede vum neie Scheedungsgesetz d'Garde fir d'Kand dem Papp zougesprach? A wéi ville Fäll gouf d'Garde der Mamm zougesprach? Wéi verhele sech dës Zuele prozentual zu den entsprechehenden Zuele vu virum neie Scheedungsgesetz?

4. Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi vill Alimenter am Schnëtt ee Papp fir seng Kanner bezilt säit dem Akraafttriede vum neie Scheedungsgesetz, a wéi vill Alimenter am Schnëtt eng Mamm fir hir Kanner bezilt? Kann een am Hibleck op dës Zuele behaupten, datt et keng Diskriminatioun géint d'Pappen oder d'Mamme gëtt?

5. Zu de Krittären, déi de Riichter notze kann, fir d'Alimenter auszerechnen, gehéieren ënner aneren den Alter, d'Gesondheet an déi professionell Situatioun vum betreffenen Elterendeel. Firwat gëtt et hei keng fix Reegelen, beispillsweis am Sënn vun: een Elterendeel, deem tëscht X an Y verdéngt, bezilt Z Alimenter? Géifen esou objektiv Reegelen net all Form vun Diskriminatioun géint ee bestëmmten Elterendeel vu virera verhéieren?

**Réponse** (15.04.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1. D'Gerichter an d'Barreaue verfügen iwwert d'Lëscht vun den Affekoten, déi d'Formatioun vun Kanneraffekot suivéiert hunn. 105 Affekote sinn aktuell op dëser Lëscht ageschriwwen. Dovunner sinn 88 Affekote Fraen a 17 Affekote Männer.

ad 2. Der Regierung ass kee Fall bekannt wou et säit dem Akraafttriede vum neie Scheedungsgesetz zu enger Zesummenaarbecht tëscht dem Kanneraffekot an dem Scheedungsaffekot vun der Mamm oder dem Papp vum Kand komm ass. A ville Fäll trëfft de Kanneraffekot béid Elteren individuell fir iwwert d'Situatioun vum Kand ze schwätzen. De Kanneraffekot kann am Kader vu senger Missioun och mat anere Persounen schwätzen, ouni dass dëst eng Obligatioun fir de Kanneraffekot duerstellt (zu dëse Persounen kënnen zum Beispill Professioneller zielen, déi am Alldag mam Kand ze dinn hunn, wéi och d'Personal vum SCAS, Familljemembere an d'Affekote vun der Mamm, respektiv dem Papp). Et ass ganz kloer, dass de Mandant vum Kanneraffekot d'Kand ass, an net een Elterendeel.

ad 3. Der Regierung leie keng Zuele vir, a wéi ville Fäll d'Garde fir d'Kand virun dem Akraafttriede vun der Reform vun 2018 der Mamm, respektiv dem Papp zougesprach gouf.

Duerch d'Reform vun 2018 ass d'Notioun vun der Garde ewechgefall. Dowéinst ass zënter dem Akraafttriede vum Gesetz vum 27. Juni 2022 kengem Elterendeel d'Garde fir d'Kand zougesprach ginn.

Et gëtt net statistesch erhuewen a wéi ville Fäll d'Residenz vum Kand bei der Mamm, respektiv beim Papp fixéiert gëtt. D'Residenz vum Kand gëtt an der Majoritéit vun de Fäll vun de Parteie selwer fixéiert. Falls d'Elteren sech net iwwert d'Residenz vum Kand eens ginn, decidéiert d'Gericht am Interesse vum Kand. Falls béid Elteren änlech Fäegkeete fir d'Erzéiung vun de Kanner hunn an den Alter vum Kand an d'Liewenskontitiounen vun den Elteren et zouloossen, da probéiert d'Gericht am Interesse vum Kand eng „résidence alternée“ ze fixéieren. Falls dës Konditiounen net erfëllt sinn, fixéiert d'Gericht d'Residenz vum Kand bei engem Elterendeel.

ad 4. D'Regierung huet keng Statistiken iwwert d'Zomme vun den Alimenter.

D'Heicht vun den Alimenter variéiert jee no der Unzuel vun de Kanner, hire Besoinen an der finanzieller Capacitéit vun den Elteren zum Ënnerhalt an der Erzéiung vum Kand bäizesteieren, a gëtt dowéinst an all Fall individuell ugepasst.

Doduerch, dass de Riichter dës Krittäre bei der Festsetzung vun den Alimenter berücksichtegt, kënnt et net zu enger Diskriminéierung gégeniwwer vu Pappen oder Mammen.

ad 5. Déi opgezielte Krittäre gi vum Riichter genotzt, fir déi perséinlech Alimenter vun engem Ex-Conjoint bei enger Scheedung ze bestëmmen. Fir d'Fixatioun vun den Alimenter fir d'Kand ginn aner Krittäre benotzt.

Ech verweisen op d'Äntwert op d'Fro N° 4.

D'Akommes vun engem Elterendeel ass sécher e wichtige Parameter fir d'Fixatioun vun den Alimenter fir d'Kand, mee kann net als eenzege Krittär dofir dëngen, well et der Gesamtsituatioun vum Kand net objektiv genuch Rechnung dréit.

D'Regierung plangt net, d'Krittären zur Bestëmmung vun den Alimenter fir d'Kand ze änneren.







**Question 5968** (22.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant les **demandes de protection internationale introduites par des citoyens russes** :

De leschte Mëttwoch huet de russesche President Wladimir Putin an enger Ried Kritik aus sengem eegene Land un deem vun him ausgeléiste Krich an der Ukrain mat haarde Wierder verurteelt: „Jedes Volk, das russische Volk ganz besonders, wird immer in der Lage sein, das Gesindel und die Verräter zu erkennen und sie auszuspucken, wie man eine Fliege ausspuckt, die einem in den Mund geflogen ist. Ich bin sicher, dass eine solche echte und notwendige Selbstreinigung der Gesellschaft unser Land nur stärken wird.“ (Zitat: <https://www.tagesschau.de/ausland/asien/putin-tv-verraeter-101.html>)

No dëser Ried huet de Kreml-Spriecher Dmitri Peskow ugekënnegt, datt Russland vu „Verrätern“ „gesäubert“ géif ginn, entweeder well déi Leit d'Land selwer géife verloossen oder well se „gesetzeskonform“ géife verhaft ginn. Vill Russen hunn hiert Land säit Ufank vum Krich scho verlooss. Et ass dervun auszegoen, datt vill méi Russen dee schwéiere Schrëtt maaache wäerten, soulaang se nach d'Geleeënheet dozou hunn a wa si d'Repressiou musse fäerten.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Staatsminister an un den Här Bausseminister:

1. Verfüügt d'Regierung iwwer Zuelen, wéi vill russesch Staatsbierger scho säit dem Ufank vum Ukrain-Krich op Lëtzebuerg komm sinn, fir hei Asyl ze froen?

2. Ass d'Regierung bereet, fir an hire Kontakter mat der Russescher Federatioun, niewent engem séiere Waffestëllstand an der humanitärer Noutlag an der Ukrain, och déi politesch Fräiheet a Russland ze thematiséieren?

**Réponse commune** (14.04.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes, Ministre de l'Immigration et de l'Asile* :

ad 1. 2022 huet nach kee russesche Staatsbierger eng Demande op internationale Schutz zu Lëtzebuerg agereecht.

ad 2. Lëtzebuerg setzt sech op allen Niveauen a senge Relatiounen mat Russland fir demokratesch Grondrechter an hire Respekt, dorënner d'Meenungsfreiheet, an.

**Question 5969** (22.03.2022) de **M. Gusty Graas** (*DP*) concernant la **légion étrangère ukrainienne** :

Suite à l'invasion russe de l'Ukraine, le Président ukrainien Volodymyr Zelensky a fait un appel aux étrangers de rejoindre la légion internationale pour la défense de l'Ukraine. Le pays disposant d'une base légale à cet effet, les volontaires sont, après leur inscription, intégrés au sein de l'armée régulière ukrainienne. Ainsi les volontaires deviennent des combattants et bénéficient ainsi des protections à leur égard, aux termes de l'article 43 du Protocole additionnel aux conventions de Genève du 12 août 1949 relatif à la protection des victimes des conflits armés internationaux (Protocole I), du 8 juin 1977. En date du 6 mars, le Ministre des Affaires étrangères ukrainien Dmytro Kuleba a annoncé que plus de 20.000 personnes originaires de 52 pays avaient déjà déclaré leur souhait de rejoindre la légion étrangère ukrainienne.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Monsieur le Ministre a-t-il connaissance de ressortissants ou résidents luxembourgeois ayant adhéré à la légion étrangère ukrainienne, ou du moins qui ont exprimé leur volonté de le faire ?

2) Comment Monsieur le Ministre se positionne-t-il par rapport à l'engagement de ressortissants ou résidents luxembourgeois au sein de la légion étrangère ukrainienne ?

3) Quelles sont les procédures à suivre si un ressortissant ou résident luxembourgeois décède ou est fait prisonnier de guerre en Ukraine ?

4) Existe-t-il des mesures de soutien ou de suivi avant ou après un engagement d'un ressortissant ou résident luxembourgeois au sein de la légion étrangère ukrainienne ? Dans la négative, Monsieur le Ministre est-il en cours d'élaborer un tel dispositif ?

**Réponse** (22.04.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1) Le Ministère des Affaires étrangères et européennes n'a pas connaissance de ressortissants ou résidents luxembourgeois ayant adhéré à la légion étrangère ukrainienne.

ad 2) Le Ministère des Affaires étrangères et européennes déconseille formellement aux ressortissants et résidents luxembourgeois de se rendre en Ukraine.

ad 3) Le traitement des combattants décédés et des prisonniers de guerre est régi par les conventions de Genève et leurs protocoles additionnels.

ad 4) Comme indiqué, le Ministère des Affaires étrangères et européennes n'a pas connaissance d'un tel engagement. Aucune mesure de soutien ou de suivi ne s'applique dès lors.

**Question 5971** (23.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **avantages fiscaux de cartes carburant** :

Engem Artikel vu paperjam.lu no vum 10. Mäerz 2022 zirkuléieren zu Lëtzebuerg tëschent 80.000 an 100.000 Tankkaarten. Dës Plastikkaertercher kréie Firme vun de verschiddenen Energiekonzerner, fir op ausgewielten Tankstelle méi bëlleg tanken ze kënnen. Net ganz kloer ass de Gebrauch vun dëse Kaart, wéi „Paperjam“ schreift:

« Le flou est total entre les professionnels de la route (logistique et bus) qui équipent leurs chauffeurs et les sociétés qui ajoutent la carte essence aux avantages en nature de leurs employés. »

Während also den normale Consommateur de Gesamtpräis op der Pompel bezilt, tanke verschidde Firmen an hir Employéëen de Spritt fir manner Geld. Doriwwer eraus hunn d'Firmen och nach de Virdeel, dass si d'TVA vun hiren Tankrechnungen erëmfroe kënnen. rtl.lu schreift an engem Artikel vum 22. Mäerz 2022:

„De Staat huet am Mäerz 5,62 € méi op der TVA vun engem 60-Liter-Tank verdéngt wéi am Februar. Independanten a Firmen, déi eng TVA-Nummer hunn, kënnen dës Zomm allerdéngs rembourséiert kréien.“

Wie méi bëlleg oder als Employé fir näischt tanke kann, dee geet natierlech nach vill léiwer tanken a firt léiwer mam Verbrenner, wéi op méi ressourcëschounend Alternativen ëmzeklappen. D'Plattform quarks.de erkläert an engem Artikel vum 3. Dezember 2021 d'Funktionsweis vun den Tankkaarten an Däitschland:

„Das bedeutet, dass sie [d'Employéëen] für den Treibstoff nichts bezahlen müssen - auch nicht für private Fahrten und beispielsweise Fahrten in den Urlaub. Je nach Firmen-Regelung kann eine solche Tankkarte die Funktion einer Flatrate haben. Man kann fahren, so weit man will - kostet ja nicht mehr. So gibt es keinen Anreiz, das Auto stehen zu lassen, Alternativen wie die Bahn oder das Fahrrad zu nutzen oder zu Fuß zu gehen.“

Op där anerer Säit verléiert de Staat bei dësem Geschäft Recetten aus der TVA, well d'TVA op de Präis vum Liter Dreifstoff berechent gëtt.

Am Kader vum Klimawandel, deem Ustregunge vun eis all erfuerdert, fir esou weëneg fossil Ressourcen ze verbrauchen ewéi méiglech, stellt sech d'Fro, ob dëse Mechanismus net zum Géigendeel féiert an ee Verhale fërdert, fir méi op fossil Energien ze setzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Energie a Finanzen dës Froen stellen:

1. Wéi vill Prozent vum Gesamtvolumen Diesel a Bensinn ginn zu Lëtzebuerg iwwert Tankkaarte bezuelt?

2. Vu wat fir enge Steiervirdeeler kann eng Firma profitéieren, déi op Tankkaarten zeréckgräift?

3. Wéi vill TVA gouf an de leschte Joren un d'Firmen am Zesummenhang mat fossillen Dreifstoff zeréckbezuelt?

4. Wéi iwwerpräift d'Steierverwaltung, ob d'Rechnungen un der Pompel mat Firmekaarten och nëmmen Autoen betreffen, déi der Firma gehéieren? Wéi gëtt also verhënnert, dass Leit hir Privatgefierer zum reduzierten Tarif volltanken, d'Firma dofir bezuele loossen, d'Firma och nach d'TVA rembourséiert kritt a kee bei der Steierverwaltung matkritt, ob de Spritt als Avantage en nature verrechent gouf?

**Réponse** (22.04.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

Den honorabelen Deputéierte stellt eng Rei Froen am Zesummenhang mat verschiddenen Artikelen, déi an der leschter Zäit an der lëtzebuergescher esouwéi an der däitscher Press publizéiert goufen zum Thema vun de sougenannten Tankkaarten.

D'Employeure kënnen mat Energiekonzerner speziell Kontrakter ënnerschreiwen, fir datt déi hinnen Tankkaarte fir hir Salariéen zur Verfügung stellen, déi domadder op ausgewielten Tankstellen - zum Deel och - méi bëlleg tanke kënnen. De Prinzip vun enger Tankkaart gläicht deem vun enger Kreditkaart, just datt si nëmme bei verschiddenen Tankstelle kënnen agesat gi fir ze bezuelen.

Et ass fir d'éischt drop hinzewiesen, datt d'Notze vun Tankkaarte vertraglech tëschent deene spezia-

lisierte Firmen a de Patrone gereegelt gëtt. D'Konstitioun vum Vertrag ginn exklusiv tëschent deenen zwou Parteie bestëmmt, déi och beinhalte kënnen, datt d'Salarié op ausgewielten Tankstelle méi bëlleg tanke kënnen. De Staat huet deementspreechend keng Informatiounen derzou, wat an deene Verträge festgehalen gëtt. Tankkaarten, déi fir privat Zwecker zur Verfügung gestallt ginn, stellen een Avantage en nature duer, deen deementspreechend ze versteieren ass.

Des Weideren ass drop hinzewiesen, datt souwuel de Gesamtvolumen vun Diesel a Bensinn, déi mat Tankkaarte bezuelt ginn, ewéi d'TVA, déi am Zesummenhang mat fossillen Dreifstoff zeréckbezuelt gëtt, statistesch net erfaasst ginn.

**Question 5976** (23.03.2022) de **M. Laurent Mosar** (*CSV*) concernant les **autorisations requises au titre de la législation sur les armes** :

Il nous revient que les personnes peinent actuellement à obtenir les autorisations en matière d'armes de la part du Ministère de la Justice.

J'aimerais dès lors poser les questions suivantes à Madame le Ministre de la Justice :

1) Madame le Ministre peut-elle confirmer ces informations ?

2) Madame le Ministre peut-elle m'informer sur les délais de traitement et de délivrance des diverses autorisations requises au titre de la loi modifiée du 15 mars 1983 sur les armes et munitions actuellement encore en vigueur ?

3) Le traitement et la délivrance desdites autorisations accusent-ils des retards par rapport aux délais moyens observés dans le passé ?

4) Combien de personnes traitent actuellement ces demandes au sein du ministère ? Comment le taux de personnel a-t-il évolué au cours des dernières années ?

5) Madame le Ministre peut-elle m'informer des raisons à la base de ces retards ? Comment Madame le Ministre entend-elle y remédier ?

**Réponse** (15.04.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1) + 2) + 5) Dans la mesure où la question parlementaire laisse sous-entendre qu'une pluralité de demandeurs en autorisation en matière d'armes seraient concernés par un retard administratif dans le traitement de leur demande, je ne saurais confirmer ces informations.

Il ne peut en effet être question de retards généralisés. Les délais de traitement ponctuellement plus longs de certains dossiers s'expliquent par l'état administratif du dossier. Une demande ne peut être valablement instruite et finalisée en vue de prise de décision aussi longtemps qu'elle est à considérer comme étant « incomplète ». Ce n'est que lorsqu'une demande est considérée comme étant « complète » qu'une décision administrative peut être prise.

Il y a lieu de faire une distinction entre plusieurs types de demandes pour lesquelles, chacune prise isolément, les dispositions législatives et réglementaires prévoient différentes pièces à verser pour que le dossier puisse être considéré comme « complet ». À cet égard, je tiens à souligner que le travail des gestionnaires du Service armes et gardiennage du Ministère de la Justice en charge du traitement des demandes en matière d'armes, consiste en grande partie à contacter et/ou à recontacter les demandeurs ayant introduit une demande en autorisation en matière d'armes afin de leur indiquer que tel ou tel document exigé dans le cadre de leur demande fait défaut. Il s'agit en l'occurrence à titre d'exemple de la carte d'affiliation à une association de tir sportif, du permis de chasser de la saison courante, de la preuve de paiement de la taxe préalablement acquittée ou encore des renseignements sur la, ou les arme(s) visée(s) dans la demande. Il s'ajoute que lorsqu'il s'agit d'une première demande en autorisation d'armes, l'enquête administrative d'usage menée par le Service armes et gardiennage du Ministère de la Justice est généralement plus complexe que lorsque la demande concerne un renouvellement d'une autorisation qui vient à expiration. Une fois le dossier intégralement « constitué », le délai de traitement pour l'ajout d'une nouvelle arme et/ou le renouvellement d'une autorisation d'armes, y inclus la prise de décision, est de 2 à 3 semaines au maximum. Force est également de préciser que lorsqu'il apparaît des éléments du dossier qu'il est à craindre que le demandeur représente un danger pour soi-même, autrui, ou pour l'ordre et la sécurité publics, compte tenu de son comportement, de son état mental et de ses antécédents, des diligences supplémentaires doivent être prises, ce qui rallonge évidemment le délai de traitement du dossier.

ad 3) Non. Je tiens cependant à mentionner que la mise en œuvre de la nouvelle loi du 2 février 2022 sur les armes et munitions, qui entrera en vigueur le

1<sup>er</sup> mai 2022, prévoit certaines adaptations qui pourraient mener à des délais de traitement plus longs dans un premier temps. Afin de pouvoir faire face à ces adaptations, il est prévu que le Service armes et gardiennage du Ministère de la Justice soit renforcé à court et moyen terme au niveau du personnel.

ad 4) Actuellement, le Service armes et gardiennage, est constitué de huit agents. Le service compte 5 gestionnaires qui traitent les dossiers en matière d'armes, dont 3 qui traitent exclusivement les dossiers d'armes et 1 préposé du Service des armes et gardiennage. Le gardiennage relevant également des compétences du Service armes et gardiennage, 2 gestionnaires du service traitent, hormis les dossiers d'armes, également les agréments des sociétés de gardiennage et du personnel de ces sociétés. Il y a 20 ans, le service était composé d'1 préposé et de 2 gestionnaires de dossiers.

**Question 5977** (24.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **construction d'un passage souterrain ferroviaire à Pétange** :

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5766 zum Wunnprojet am Zentrum vu Péiteng huet de Logementsminister geschriwwen, dass aktuell iwwerluecht gëtt, fir d'Eisebunnsënnerféierung duerch e méi groussen Ouvrage ze ersetzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten dës Froen stellen:

1. Kann de Minister Informatiounen dozou ginn, wéi dës Ënnerféierung herno soll ausgesinn? Wéi vill Meter kéint een an der Breet an Héicht hei fir de Stroosseverkéier gewannen?

2. Wéi laang kéinten esou Aarbechten daueren a weéni ass mam Start vun den Aarbechten ze rechnen?

3. Wäert de Projet vun der Eisebunnsënnerféierung onofhängeg vum Start vum Wunnprojet Ecosider realiséiert ginn?

4. Wéi laang wäert d'Zuchverbindung tëscht Péiteng, Rolleng, Rodange, Athus a Longwy duerch dës Aarbechte beanträchtegt ginn?

**Réponse** (02.05.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

Eng Etüd fir eng Eisebunnsënnerféierung ass nach net duerchgefuert an d'Machbarkeet muss zesumme mat den zoustännge Servicern vun de CFL, déi d'Infrastruktur am Opdrag fir de Staat bedreiwen, analyséiert ginn.

Et wäert sécherlech Auswierkungen op den Zuchverkéier hunn am Fall wou d'Machbarkeet erwisen ass an de besöte Projet realiséiert gëtt, mee d'CFL wäerte wéi ëmmer Bautechniken uwenen, déi d'Ënnerbriechung vum Zuchverkéier begrenzen.

**Question 5983** (24.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant l'**hébergement de demandeurs de protection internationale dans des immeubles appartenant à la Famille grand-ducale** :

D'Kinneksfamilljen an der Belsch souwéi an Holland hunn decidéiert, fir ukrainesch Flüchtlingen a verschiddene vun hire Gebaier opzehuelen. Aktuell befannen sech zu Lëtzebuerg ronn 3.000 Mënschen aus der Ukrain, zousätzlech zu de Flüchtlingen, déi aus anere Regiounen schonn hei am Land sinn. All Plaz, déi een hei am Land kann ubidden, ass wichteg.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Premierminister dës Froen stellen:

- Huet de Minister Kenntnis dovun, dass och d'groussherzoglech Famill plangt, verschidde vun hire Gebaier fir Flüchtlinge bereetzustellen?

- Wäert de Premierminister mat der groussherzoglech Famill kucken, ob Raimleckeeten, déi de Grand-Duc vum Staat fir seng Funktiounen zur Ver-

## Le saviez-vous ?

### GROUPE TECHNIQUE

Les députés qui ne font pas partie d'un groupe politique et ceux qui ne sont pas apparentés à un groupe politique peuvent former un groupe technique, à condition que ce groupe comprenne au moins cinq membres. Ils désignent un coordonnateur qui est leur porte-parole pour toutes les questions administratives et les représentera dans la Conférence des Présidents.





fügung gestaltet kritt, kéinte fir Flüchtlingen opge-  
maach ginn?

**Réponse** (28.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État* :

D'Regierung confirméiert, datt d'groussherzoglech  
Famill eng Wunneng aus hirem Privatbesëtz zur  
Verfügung gestallt huet, fir ukrainesch Flüchtlingen  
eng Wunnméiglechkeet ze offérieren.

**Question 5990** (28.03.2022) de **MM. Sven Clement**  
et **Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **digitalisa-  
tion du certificat de résidence** :

D'Plattform macworld.com beriicht an engem Arti-  
kel vum 23. Mäerz 2022, dass de Bundesstaat Ari-  
zona an den USA et erlaabt huet, fir offiziell Doku-  
menter, wéi d'Carte d'identité oder de (veuillez lire:  
Fürerschäin), an der Wallet vun Apple bereetzestel-  
len. Dës Dokumenter kënnen da ganz einfach op  
engem elektronische Gerät gespäichert ginn a bei  
offiziellen Akten oder Kontrolle presentéiert ginn.

Op Twitter ass doropshin eng Diskussioun entfacht,  
an där de Lëtzebuerger Digitaliséierungsministère  
geäntwert huet, dass een an déi Richtung géif  
schaffen. Ënner anere ass rieds, fir de Certificat  
de résidence ze digitaliséieren an Diplomer kënnen  
digital zur Verfügung ze stellen an dës an e Wallet  
kënnen ze setzen.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister  
fir Digitalisatioun dës Froe stellen:

1. Aktuell kritt een zu Lëtzebuerg de Certificat de  
résidence schonns op myguichet generéiert. Wat  
huet de Ministère op Twitter domadder gemengt,  
wann e schreift, dass een den Zertifikat wéilt digita-  
liséieren?

2. Ab wéini schätzt de Minister, dass offiziell Doku-  
menter, wéi zum Beispill de Fürerschäin, kënnen an  
enger Wallet gespäichert ginn?

3. Wäert de Ministère dofir suergen, dass d'Doku-  
menter plattformneutral kënnen op all Betriebssystem  
generéiert an ofgespäichert ginn?

**Réponse** (03.05.2022) de **M. Marc Hansen**,  
*Ministre délégué à la Digitalisation* :

Wéi den Digitalisationsministère am Tweet ge-  
schriwwen huet, hie wéilt de Certificat de résidence  
digitaliséieren, wollt hien domat soen, dass hie méi  
wäit wéilt goe wéi den Zertifikat, deen op myGui-  
chet disponibel ass. Momentan kann de Certificat  
de résidence op myGuichet am PDF-Format gene-  
réiert ginn. Zukünfteg soll et drëms goen, dass de  
Certificat de résidence aus standardiséierten a  
strukturéierten Donnéeë besteet, soudass d'Authen-  
tizitéit vun den Donnéeë garantéiert bleift. Aktuell  
ass en Appel à solution („trust my data“) zu deem  
Sujet am GovTechLab lancéiert ginn. Méi Infoen do-  
zou kann een iwwert deen heite Link fannen:  
[https://govtechlab.public.lu/fr/call-solution/2021/  
trust-my-data.html](https://govtechlab.public.lu/fr/call-solution/2021/trust-my-data.html).

Den Delai, wéini Dokumenter, wéi beispillsweis  
de Fürerschäin, disponibel wäerte sinn, fir an enger  
Wallet ofgespäichert ze ginn, ass momentan  
schwéier viraussobar.

**Question 5993** (28.03.2022) de **Mme Diane Adehm**  
et **M. Paul Galles** (*CSV*) concernant la **nouvelle  
identité pour « myenergy »** :

Fir private Leit, de Lëtzebuerger Betriber, de Gemen-  
gen an dem Staat bei Klima- an Energiefroen ënnert  
anerem am Kader vu Renovatiounsarbechte mat  
professioneller Expertis a Rot bäizestoen, gouf  
2009 d'Plattform myenergy an d'Liewe geruff. De  
15. Mäerz huet myenergy nieft enger neier Strategie  
a Missioun och eng nei Kommunikatiounsstrategie  
presentéiert an an deem Zesummenhang Numm a  
Logo geännert.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Froen un  
den Här Minister fir Energie a fir Landesplanung  
stellen:

1. Wëssend, dass den Numm myenergy an de Logo  
e grouse Wiedererkennungswäert bei de Leit ha-  
ten, wat waren d'Grënn fir de Logo an den Numm ze  
änneren?

2. Wat fir e Mehrwert erwaart en sech konkreet  
vum neie Logo an dem neien Numm?

3. Wat war de Käschtepunkt vun der neier Strategie  
a wéi vill gouf fir d'Ausschaffe vun dëser neier Cor-  
porate Identity ausginn?

4. Wat ass de Käschtepunkt vun der Mediecam-  
pagne fir dës nei Corporate Identity no baussen hi  
bekannt ze machen?

**Réponse commune** (26.04.2022) de **M. Claude**  
**Turmes**, *Ministre de l'Énergie, Ministre de l'Environ-  
nement, du Climat et du Développement durable*, et  
de **M. Henri Kox**, *Ministre du Logement* :

ad 1. D'Regierung huet 2008 decidéiert de Groupe-  
ment d'intérêt économique (G.I.E.) myenergy ze

grënnen, fir eng national Berodungsstell am Beräich  
Energieeffizienz an erneierbar Energien en place ze  
setzen. Den 1. Januar 2009 huet myenergy mat  
nëng Mataarbechter seng operationell Aarbecht op-  
geho.

Am Laf vu senger weiderer Entwécklung huet  
d'Struktur sech souwuel thematesch wéi och wat  
seng Ressourcen ubelaangt konsequent weiderent-  
wéckelt:

- zousätzlech Theemfelder: opbauend op rengen  
Energiesujete sinn am Laf vun der Zäit mam nohal-  
tege Bauen a Wunnen, der Elektromobilitéit, der  
Kreeslafwirtschaft an der Biodiversitéit weider  
Kompetenzberäicher dobäi komm;  
- zousätzlech Memberen am GIE: an der Tëschen-  
zäit sinn och d'Chambre des Métiers an den Ordre  
des architectes et des ingénieurs-conseils an der  
Struktur vertrueden;  
- Ausweidung vun de Ressourcen: de GIE huet ak-  
tuell 29 Mataarbechter mat engem villfältegen Han-  
nergrond, déi niewent der ursprënglecher Zilgruppe  
vun der private Menagen an Tëschenzäit och fir  
d'Gemengen, d'Entreprises an déi concernéiert pro-  
fessionnell Secteuren zur Verfügung stinn.

D'Entwécklungsgeschicht vun der Struktur steet do-  
bäi an enkem Lien mat den Erausforderungen an  
der Energie- a Klimapolitik, déi sech der Lëtzebuer-  
ger Gesellschaft stellen. D'Klimakris mat senge ver-  
schiddene Facetten ass dobäi an der Tëschenzäit  
zum zentrale Fokus vum GIE ginn.

Fir dëser konsequenter Entwécklung vun der öffent-  
lecher Struktur, souwéi der Handlungsnoutwenneg-  
keet um Niveau vun de verschiddenen Zilgruppe vi-  
rum Hannergrond vun der Klimakris méi conse-  
quent no bausse Rechnung ze droen, gouf 2022  
den Numm an déi visuell Duerstellung no 13 Joer  
ugepass.

ad 2. Wéi an der Äntwert zur éischter Fro expli-  
zéiert, ass d'Upassung vum Numm vu myenergy a  
Klima-Agence eng Konsequenz aus der Entwéck-  
lung, engersäits vun den nationalen energie- a kli-  
mapoliteschen Erausforderungen an anerersäits  
der Geschicht vun der Struktur selwer.

Eng och no bausse méi konsequent Ausriichtung  
op déi zentral Erausforderung vun eise Generatiou-  
nen an all sengen thematesche Facettë mat gläich-  
zäiteg och enger méi staarker Duerstellung vum  
ëffentleche Charakter vun der Klima-Agence droen  
niewent der gudder Aarbecht vum GIE zu enger wei-  
derer Schäerfung vun hirem Profil bäi.

Déi éischt Retouren zu dësen Upassunge souwuel  
aus der Populatioun wéi awer och de concernéierte  
Secteure bestäerken déi responsabel Leit vun der  
Struktur an hirer Entscheedung dëse Wee age-  
schloen ze hunn.

ad 3. D'Käschte vun der neier visueller Identitéit  
vun der Klima-Agence waren:

- um Niveau vun der strategescher Konzeptioun, déi  
och en interne Prozess mat de Mataarbechter bein-  
halt huet: 12.740 €;

- a betreffend déi grafesch Entwécklung vun der  
Charte inklusiv der Ausgestaltung, bzw. Upassung  
vun de verschiddene Supporten esou wéi der Cam-  
pagne: 74.500 €.

An dësem Kontext sief awer och doropper higewi-  
sen, datt verschidde Supporten onofhängeg vun der  
neier visueller Identitéit hätte missen adaptéiert  
ginn, well se esouwuel inhaltlech wéi och visuell an  
der Tëschenzäit iwwerhol waren.

ad 4. D'Lancementscampagne fir d'Klima-Agence  
war keng reng institutionell Campagne mee war  
esou konzipéiert, datt se gläichzäiteg e generellen  
Opruff war sech fir eng nohalteg Transitioun ze en-  
gagéieren - mat als Partner der Klima-Agence. De  
Slogan war: Parce que le changement climatique  
nous concerne tous, ensemble agissons pour  
construire notre futur.

D'Käschte fir dës Campagne mat engem klasse-  
sche Mix beim „achat média“ louche bei  
59.073,90 €.

**Question 5996** (30.03.2022) de **MM. Léon Gloden**  
et **Laurent Mosar** (*CSV*) concernant l'**incident ré-  
cent dans le nord du pays avec un pistolet softair** :

Lors d'un incident qui s'est récemment produit  
dans le nord du pays, un homme a tiré des balles  
en plastique sur un autre à l'aide d'un pistolet de  
type softair. Même si, selon la police, il n'y a pas eu  
de blessés graves, nous aimerions poser les ques-  
tions suivantes à Madame le Ministre de la Justice  
et à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

1) Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils  
nous informer sur le nombre d'armes de type soft-  
air qui ont dans le passé récent (cinq dernières an-  
nées) été saisies par la police ?

2) Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils  
nous informer des autorisations requises pour la  
détention, voire le port d'une telle arme au Luxem-  
bourg sous l'empire de la législation actuelle et

celle du 2 février 2022 sur les armes et munitions  
(qui entrera en vigueur le 1<sup>er</sup> mai 2022) ?

3) Malgré le fait que ce type d'armes ne présente  
pas le niveau de dangerosité qu'une arme à feu  
« classique », Madame et Monsieur les Ministres ne  
considèrent-ils pas qu'il faille lancer une campagne  
de sensibilisation notamment au sujet des risques  
auxquels s'expose le porteur d'une telle arme (qui,  
de vue, n'est que difficilement différenciable par  
rapport à une arme à feu authentique) en cas d'in-  
tervention de la police ?

**Réponse commune** (02.05.2022) de **M. Henri Kox**,  
*Ministre de la Sécurité intérieure*, et de **Mme Sam**  
**Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1) Le tableau ci-dessous reprend le nombre  
d'armes de type softair saisies par la Police grand-  
ducale au cours des cinq dernières années :

| Année | Armes saisies |
|-------|---------------|
| 2017  | 50            |
| 2018  | 45            |
| 2019  | 73            |
| 2020  | 106           |
| 2021  | 73            |

ad 2) Concernant les armes du type « softair », les  
règles de la loi du 2 février 2022 sur les armes et  
munitions sont les mêmes que celles de la loi mo-  
difiée du 15 mars 1983 sur les armes et munitions,  
quoique autrement formulées. Suivant les deux lé-  
gislations, les règles applicables dépendent de l'é-  
nergie cinétique à la bouche du canon, prenant  
ainsi en compte le degré des dommages que ces  
armes peuvent potentiellement engendrer, et pré-  
voient trois hypothèses différentes qui se présen-  
tent comme suit :

1° Lorsque l'énergie cinétique à la bouche du canon  
est supérieure à 7,5 joules, ces armes requièrent en  
tout état de cause, comme pour les armes à feu, un  
permis de port d'armes ou une autorisation de dé-  
tention d'armes en fonction du motif invoqué par le  
demandeur, comme par exemple le tir sportif ou la  
collection.

2° Lorsque l'énergie cinétique à la bouche du canon  
est inférieure ou égale à 7,5 joules, ces armes peu-  
vent être importées, exportées, acquises et cédées  
par des personnes majeures à des fins privées et  
non commerciales, et être détenues à leur domicile  
ou résidence habituelle sans autorisation du mi-  
nistre. Ces armes peuvent être transportées en pu-  
blic sans autorisation du ministre par des person-  
nes majeures qui peuvent établir qu'elles sont  
membres d'une association de tir sportif, et  
qu'elles se trouvent sur le trajet le plus direct entre  
leur domicile ou leur résidence habituelle et les lo-  
caux d'un armurier ou le domicile ou la résidence  
habituelle d'une autre personne majeure en raison  
de la prise en possession, du dessaisissement ou  
de la réparation ou maintenance des armes, ou un  
stand de tir ou un lieu de compétition de tir autori-  
sés. Les opérations commerciales ou profession-  
nelles relatives à ces armes sont réservées aux ar-  
muriers et commerçants d'armes agréés.

3° Les armes de ce type dont l'énergie cinétique à  
la bouche du canon est inférieure ou égale à 0,5  
joules ne relèvent pas du champ d'application des  
deux lois en cause.

ad 3) Il convient de rappeler que l'incident visé par  
la question parlementaire était, d'après les informa-  
tions disponibles dans les médias, un acte inten-  
tionnel et que dans ces conditions, c'est-à-dire lors  
de l'usage abusif d'un objet pour blesser intention-  
nellement une personne, la dangerosité émane  
beaucoup plus des intentions de la personne qui  
abuse de l'objet que de l'objet lui-même. Concern-  
ant plus spécifiquement le danger pour le porteur  
d'une arme du type softair en cas d'intervention de  
la police, force est de constater que ce danger est  
également directement lié au comportement de la  
personne concernée lors de l'arrivée de la police et  
n'est que marginalement lié à l'objet détenu par  
cette personne. Dans les deux hypothèses, il sem-  
ble évident qu'une campagne de sensibilisation,  
ayant comme objet les armes du type softair, ne se-  
rait pas de nature à diminuer un quelconque danger  
les concernant.

**Question 5998** (30.03.2022) de **M. Jeff Engelen**  
(*ADR*) concernant l'**étiquetage des vins** :

2023 sollen d'Wäifläschchen um Réck europawäit en  
neien Etiquetage kréien. Hei sollen de Kaloriwäert  
an d'Zutate fir all Wäin (deelweis iwwer e QR-Code)  
dem Konsument zougänglech gemaach ginn. Dat  
gëtt esouwuel fir d'Vinsmoselle wéi och fir privat  
Wënzer eng ganz grouss Aufgab, op déi si sech  
laang am Virus missten astelle kënnen.

Dofir hätt ech dës Froen un d'Madamm Gesond-  
heitsminister an den Här Agrarminister:

1. Wéini ginn d'Wënzer d'Detailer iwwert déi nei  
Form vun Etiquetage gewuer?

2. Sinn d'Lëtzebuerger Wënzer am Virfeld consul-  
téiert ginn?

3. Dréit d'Lëtzebuerger Gesetz der Spezifisitéit  
vun der Lëtzebuerger Wäiproduktioun mat hire ville  
Wäinzorten, dacks a ganz kleng Volumnen, Rech-  
nung?

4. De geneeën Etiquetage wäert de Wënzer all Joer  
vill Aarbecht an och vill Onkäschte maachen. Huet  
d'Regierung dru geduecht, hinnen heibäi ze hëllefen  
oder si fir deen Opwand ze entschiedegen?

5. Et ass dacks d'Zesummesetzung vun engem  
Wäin, dee säi Charme (a säi kommerzielle Succès)  
ausmécht. Ass et net géint d'gutt Geschäftsprakti-  
ken, d'Wënzer ze forcéieren, d'genee Zesummeset-  
zung unzeginn? Oder geet et duer, eenzel Riefzor-  
ten opzezielen ouni ze soen, a wéi engem Undeel si  
am Wäin dra sinn?

**Réponse commune** (03.05.2022) de **M. Claude**  
**Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et  
du Développement rural*, et de **Mme Paulette Le-**  
**nert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. D'Vertrieder vum Beruff goufe schonns e  
puermol souwuel am Fonds de solidarité viticole  
wéi och an der Commission de gérance vun der  
AOP - Moselle Luxembourgeoise iwwert déi bevir-  
stoend Ännerungen informéiert an dëst eng éischte  
Kéier 2017.

D'Europäesch Kommissioun schafft am Moment un  
der Revisioun vum Reglement (UE) N° 1169/2011  
betreffend d'Informatiounen vun de Konsumenten  
iwwert d'Liewensméttel.

Entspriechend dem Artikel 16.4 vun dem Regle-  
ment, muss aktuell Gedränk, wat méi wéi 1,2 Vo-  
lumenprozent Alkohol enthält, keng Zutatelëscht  
oder nutritionell Deklaratioun op der Etikett uwei-  
sen.

D'Europäesch Kommissioun huet eng ëffentlech  
Consultatioun fir europäesch an net europäesch  
Bierger esouwéi fir déi professionnell an net profes-  
sionnell Acteuren iwwert d'Initiative vun der Revi-  
sioun vum europäesche Reglement betreffend d'In-  
formatiounen vun de Konsumenten iwwert d'Lie-  
wensméttel organiséiert. D'Consultatioun huet vum  
13. Dezember 2021 bis de 7. Mäerz 2022 statt-  
fonnt. Et ass ënner anere ëm den Etiquetage vum  
Alkohol gaangen.

Eng zweet Consultatioun huet um Niveau vun den  
Autoritéiten ufanks 2022 stattfonnt.

D'Europäesch Kommissioun huet nach kee Projet  
iwwert den Etiquetage vum Alkohol proposéiert.

ad 2. Jo, an et gouf zesumme mat de Vertrieder  
vum Beruff decidéiert, op de Wee vum „offlabel la-  
belling“ ze goen. Wann Dir de QR-Code vum Quali-  
téitszertifikat vun engem Lëtzebuerger Wäin oder  
Cremant scannt, da fannt Dir d'Mëttelwäerter vun  
den Nährwerter vun eise Wäiner a Cremanten, an  
dëst schonns säit 2018. Näischdestotz mussen  
d'Nährwäerter trotzdem an Zukunft op der Réckene-  
tikett ugi ginn, mee d'Inhaltsstoffe kënnen iwwert  
de QR-Code deklaréiert ginn.

D'Lëtzebuerger Wënzer haten och d'Méiglechkeet,  
un der ëffentlecher Consultatioun vun der Europäe-  
scher Kommissioun deelzehuelen. E Link op déi  
ëffentlech Consultatioun stoung op der Internetsäit  
vun der Sécurité alimentaire zur Verfügung.

ad 3. D'Lëtzebuerger Gesetz reegelt d'Produk-  
tionscritèren, d'maximal Ertrag, an dat onofhän-  
geg vun de Riefzorten, a setzt just de Kader fir  
d'Wäiproduktioun am Allgemengen. Den Etiquetage  
vun den obligatoreschen Angabe gëtt iwwer Bréis-  
seler Texter gereegelt. D'Qualitéitsbegrëffer (La-  
gennimm, Cruen, Vin de paille, Vin de glace, Ven-  
danges tardives, Crémant millésimé etc.) ginn iwwer  
national Texter an de Cahier des charges gereegelt.  
Dës Qualitéitsbegrëffer bréngen dem Produkt  
ee Mehrwäert an hëllefen dem Konsument bei senger  
Entscheidung. De Cahier des charges, an deem  
dës Begrëffer gereegelt sinn, kann zu all Moment  
vum Beruff, am Respekt vun de Brësseler Regle-  
menter, geännert ginn.

ad 4. Jo, den Institut viti-vinicole ass amgaange  
mam Centre des technologies de l'information de  
l'État (CTIE), eng Plattform ze entwéckelen, eng  
Aart „Blockchain-Technologie“ fir de Wäin, déi dëst  
Joer fäerdeg soll ginn. Hei fënnt de Konsument an  
Zukunft déi néideg Informatiounen zum Wäin han-  
ner engem QR-Code. Doduerch wäert sech beim  
Wënzer, wat den Etiquetage op der Fläsch betrëfft,  
näischt änneren, bis op eeben d'Angab vun den Nähr-  
werter, déi op d'Etikett komme muss. En plus misst  
och iwwert dës Plattform an Zukunft schnell a flexi-  
bel op nei Entwécklungen beim Etiquetage kënnen  
reagéiert ginn.

ad 5. D'Qualitéit oder de Charme vun Wäin hänke  
méi vum Ertrag am Wéngert, vum Lieszäitpunkt,  
vum Gesondheitszoustand vun den Drauwen, der  
Gärsteierung, dem Elevage ..., fir et kuerz ze soen:  
vun der Aarbecht vum Wënzer of wéi vun der Ze-  
summesetzung vum Wäin.





Wat awer elo d'Angab vun der Riefzort betrëfft, esou ass dat eng fakultativ Angab. Wann de Wënzer d'Riefzort ugëtt, muss och mindestens 85 % vu besoter Zort an der Fläsch sinn. Bei enger Cuvée muss de Wënzer keng Zorten uginn, kann se awer op der Réckenetikett am Ordre décroissant deklaréieren ouni Mengenangabe mussen ze maachen.

**Question 6000** (30.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant la **détention en attente d'expulsion** :

De Centre de rétention zu Lëtzebuerg ass dacks an der Kritik. Hei sëtzen, verschiddene Presseartikelen a besonnesch engem Artikel vu Reporter vu Mäerz 2020 no, dacks Leit ouni Pabeieren oder deenen hir Asyl-demande ofgewise gouf laang Zäit, fir op hir Abschiebung ze waarden.

Fir mir e Bild vun der aktueller Situatioun ze maachen, hätt ech dës Froen un den Här Bausseminister:

1. Wéi vill Leit sëtzen zurzäit am Centre de rétention an op wéi vill Leit maximal ass déi Struktur ausgeluecht?

2. Wéi vill Leit sëtze méi wéi sechs Méint am Centre de rétention a wéi laang sinn déi Zäitraum? Sinn déi ëmmer konform zum Maximalopenthalt am Gesetz?

3. Wéi vill Persounen an Abschiebehaft haten net nëmme keng Pabeieren oder en negativen Asyl-Bescheid, mee waren hei am Land och an enger aner Form strooffällg ginn?

4. Wéi vill Persoune sëtzen am Centre de rétention, well hir Hierkonftslänner si net méi zeréckwëllen?

5. Wat fir Länner belaschten de Centre de rétention am meeschten, duerch hir Haltung géintiwuer hiren eegene Bierger?

6. Wat fir formell diplomatesch Demarchen huet Lëtzebuerg ënnerholl fir d'negativ Haltung vun dëse Länner ze beaflossen?

**Réponse** (02.05.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1. Den 20. Abrëll 2022 huet de Centre de rétention 33 eenzel Männer hebergéiert. De Centre ass a 4 Unitéiten opgedeelt, wouvun der 3 am Prinzip fir Männer reservéiert sinn (46 eenzel Zëmmer) an eng mat 14 Zëmmer fir eenzel Fraen an/oder Familljen, woubäi ze bemerken ass, dass déi Zëmmer kënnen duebel beluecht ginn, wa Famillje mussen opgeholl ginn, soudass d'Capacité d'accueil maximale normale bei 60 ass, wa just eenzel Fraen an eenzel Männer hebergéiert ginn, a bei maximal 74, wann all Zëmmer vun der Familljen/Fraen-Unitéit duebel beluecht wier.

ad 2. Säit senger Mise en service am August 2011 ass Kee vun den 3.507 Retenuen, déi am Centre logéiert goufen, méi laang wéi déi legal maximal Openthaltsdauer am Centre placéiert gewiescht. D'Moyenne vun der Openthaltsdauer lounge fir d'Joer 2021 bei 45 Deeg.

ad 3. Vun deenen 33 eenzel Männer, déi den 20. Abrëll 2022 am Centre de rétention souzen, haten 3 Persoune keng Pabeiere wéi och en negativen Asyl-Bescheid a si stroffällg ginn.

ad 4. Keng.

ad 5. Ech verweisen den honorabelen Deputéierten op d'Äntwert hei uewendriwwer.

ad 6. Reegelméisseg ginn op EU- a Benelux-Niveau Initiative geholl, fir d'Zesummenaarbecht mat den Hierkonftslänner ze verbesseren. Am Prinzip gëtt all Joer eng Journée consulaire organiséiert, fir d'Konsule vun de wichtigste Hierkonftslänner iwwert déi Lëtzeburger Prozeduren a Gesetzer ze informéieren an d'Zesummenaarbecht ze reforcéieren. All zwee Joer fënnt och eng gemeinsam Journée consulaire vun de Benelux-Länner statt. Parallell gi reegelméisseg bilateral Reunione mat den Ambassadeuren vun deenen Hierkonftslänner organiséiert, wou de Retour ze verbesseren ass.

**Question 6002** (30.03.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant le **remboursement des soins dentaires** :

Wéinst de Restriktiounen an der Covidkris hu vill Leit hire Rendez-vous beim Dokter op e spéideren Zäitpunkt misse verleeën. Doduerjer ass et zum Beispill och zu Fäll komm, wou betraffe Leit net bei den Zännokter konnte goen, an domadder d'Kontroll, an déi se minimum eemol am Joer goe mussen, verpasst hunn. Mir gouf e prezise Fall zougedroen, an där eng Persoun, déi 2020 dowéinst net beim Zännokter war, elo fir en neit Gebëss, 20 % net erëmbezueelt kritt vun der CNS, an dat zu finanzielle Problemer bei der betraffener Persoun féiert Enkpäss. Elo ass et awer esou, datt d'Madamm Gesondheetsminister 2020 gesot hat, datt, wann een

net onbedéngt muss bei den Dokter, datt een dat soll si loosssen.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Ass der Regierung bewosst, datt vill Leit finanziell Problemer kréien duerch de beschriwwene Fall?

2. Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir betraffe Leit finanziell ze ënnerstëtzen, déi duerch d'Covidpolitik vun der Regierung vun der Gesondheetskeess manner Sue rembourséiert kréien?

**Réponse** (06.04.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

D'Statute vun der Gesondheetskeess gesinn am Artikel 39 Alinea 3 Folgendes vir:

« Par dérogation à l'alinéa précédent les frais pour prothèses dentaires sont pris en charge à raison de cent pour cent (100 %) des tarifs conventionnels fixés conformément à l'article 66 du Code de la sécurité sociale applicables au moment de leur délivrance pour les personnes protégées qui justifient avoir consulté un médecin-dentiste annuellement à titre préventif au cours des deux années de calendrier précédant la délivrance de la prothèse. »

D'Prothese ginn also zu 100 % vun der Gesondheetskeess iwwerholl, wann den Assuré eemol pro Joer bei den Zännokter gaangen ass fir seng Kontroll an dat an deenen zwee Joer, ier en d'Prothese kritt.

Am Joer 2020, wou d'Covidkris ugefaangen huet, waren d'Zänndokteschcabinete vum 16. Mäerz 2020 bis den 11. Mee 2020 zou. Virdrun an duerno konnten also d'Assurée eng Consultatioun beim Zännokter kréien, virun allem déi Patienten, déi hätte misse prioritär vum Zännokter gesinn oder behandelt ginn. Also och fir déi medezinnesch Kontroll en vue vun enger Prothees.

Wat de beschriwwene Fall vun honorabelen Deputéierten ubelaangt, esou schéngt dësen en individuellen a punktuellen Fall gewiescht ze sinn, woubäi direkt keng Donnéeën oder Informatiounen virleie fir nozevollzéien, ob dësen effektiv mat de Covidmesuren zesummenhänkt oder net. Ewéi virdu beschriwwen, konnte jo d'Patienten am Joer 2020 bei den Zännokter goen, ausser während de ronn zwee Méint, wou d'Zännokteren zou waren.

**Question 6009** (31.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant la **situation de logement des réfugiés ukrainiens** :

Mënschen, déi aus der Ukrain bei eis kommen, fir dem Krich mat Russland ze entgoen, kréien hei en temporäre Schutz. Bis dës Mënschen deen internationalen temporäre Schutzstatus zouerkannt kréien, kënnen e puer Woche vergoen, well eng ganz Rei vu Formalitéiten ze erfëlle sinn. Déi meescht vun dëse Leit hu keng eegen Adress a wunnen an de Structures d'accueil oder bei Privatleit.

Besonnesch d'Ennerbréngung vu Flüchtlinge bei Privatleit ass dacks mat Problemer verbonnen: zum Beispill Kommunikatiouns- oder psychologesch Problemer. Et kënnge geleeëntlech och Gesondheetsproblemer sinn, déi d'Cohabitioun mat Flüchtlingen erschwéieren.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Regierung preziséieren, ob Locatairen, déi Flüchtlingen ophuelen, dëst ouni den Accord vun Proprietär maache kënnen? Wa jo, ënner wéi enge Konditiounen? Kann de Proprietär d'Opnam vu Flüchtlingen duerch säi Locataire verbidden? Wa jo, aus wéi enge Grënn an ënner wéi enge Ëmstänn?

2. Wat geschitt, wann et zu Problemer komme sollt tëscht Privatleit, déi Flüchtlingen ophuelen, an hiren neie Matbewunner? Gëtt hei vum Staat Hëllef ugebueden?

3. Misst een net deene betraffene Leit ee „Service de médiation interculturelle“ ubidden, deen a Fäll vu Konflikter tëscht Privatleit a Flüchtlinge vermëttelend agraäfe kann?

4. Am Zesummenhank mat der Ennerbréngung vu Flüchtlinge bei Privatleit kann et zu Situatiounen kommen, wou all Form vu Mediation un hir Grenze stéisst a wou déi betraffe Privatleit hir gutt gemengt Aktioun no enger gewëssener Zäit bedauren. Gëtt et gesetzlech Reegelen, déi festleeën, ënner wéi enge Bedéngungen an no wéi enge Prozeduren dës Leit sech nees vun „hire“ Flüchtlingen trenne kënnen? Wou ginn déi betraffe Flüchtlingen da logéiert?

5. Am Ablack versuerge Generaliste vun der „Maison médicale“ am Val Fleuri ukrainesch Patienten, och wann déi nach keng Sozialversicherungsnummer hunn. An dréngenden Noutfäll gëllt dat och fir d'Noutopnam a Klinicken. Trotzdeem stellt sech d'Fro, ob Flüchtlingen aus der Ukrain, nodeems si zu Lëtzebuerg ukomm sinn, bis zu deem Moment, wou si hiren offiziellen temporäre Schutzstatus zouerkannt kréien, Usproch hunn op d'Integralitéit

vun de Gesondheetsleeschungen, wéi se engem „regulären“ Awunner vum Land zoustinn. Kann d'Madamm Gesondheetsminister preziséieren, ob dës Mënschen, déi hiren temporäre Schutzstatus nach net hunn, Zougank zu alle Gesondheetsleeschungen vum Land hunn? Wann dat net de Fall ass: Ass dru geduecht, fir eng entsprecheend Mesure an Zukunft anzeféieren?

**Réponse commune** (02.05.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*, de **M. Henri Kox**, *Ministre du Logement*, de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

Am Loyersgesetz vum 21. September 2006 gëtt et keng Dispositioun, déi engem Locataire verbitt, Flüchtlingen - ob ukrainesch oder vun enger anerer Nationalitéit - opzehuelen.

Wann e Locataire en Deel vun der gelounter Wunneng gären engem oder méi Krichsflüchtlingen zur Verfügung stelle wëll, kann dat wéi eng „tolérance“ nom Zivilrecht gekuckt ginn. Well bal all Proprietär weess, datt et momentan Enkpäss gëtt, fir déi vill Flüchtlingen am Land ënnerzekréien, wäerten déi meescht wuel eng Presenz vu Flüchtlinge bei hirem Locataire fir eng gewëssen/temporär Zäit toleréieren, och wann de Locataire se net am Virfeld ëm hiren Accord gefrot huet, wat natierlech ze recommandéieren wär.

Eng Participatioun un de Charges (kee Loyer) wär an esou enger Situatioun méiglech. Dat misst zwëschent de concernéierten Parteien diskutéiert a gekläert ginn.

Nom Loyersgesetz kann de Proprietär dem Locataire awer verbidden, eng „sous-location“ un aner Leit, also och zum Beispill u Flüchtlingen, ze maachen (also een neie Kontrakt mat engem Loyer als Géigeleeschung). Dëst muss awer explizitt duerch eng Klausel am Loyerskontrakt preziséiert sinn, soss ass et erlaabt.

Persounen, déi de „statut de protection temporaire“ hunn, kënnen sech un den Nationale Büro fir Opnam (ONA) wenden, wann et zu Problemer komme sollt. Privatleit, déi mat der Croix-Rouge oder der Caritas a Kontakt waren, fir Leit opzehuelen, déi aus der Ukrain geflücht sinn, kënnen sech un dës zwou Organisatiounen wenden, wann et zu Problemer komme sollt.

Am Fall, wou Locatairen oder Proprietären ënnert dem Regime vun der „tolérance“ Flüchtlinge bei sech ophuelen, gesäit d'Loyersgesetz keng Reegelunge vir, wéi Privatleit sech nees vun de Flüchtlingen trenne kënnen. Do ass d'normaalt Zivilrecht applikabel. Déi betraffe Leit kënnen beim ONA logéiert ginn.

Leit, déi hiren temporairë Schutzstatus nach net hunn, hunn Zougank zu de Gesondheetsleeschungen. Dës Leeschungen gi vum Staat iwwerholl iwwert de Budgetsartikel 14.0.34.011 vum Gesondheetsministère „Traitement des maladies sociales et d'autres affections ; prise en charge de frais d'hospitalisation et frais de traitement de personnes indigentes : subsides“.

**Question 6019** (04.04.2022) de **MM. Max Hengel** et **Paul Galles** (*CSV*) concernant la « **Wanteraktioun 2022** » :

Op rtl.lu steet ze liesen, dass trotz wanterleche Konditiounen d'Wanteraktioun (WAK) op den 1. Abrëll hir Dieren zougemaach hätt. Ee Streetworker beschreift d'Situatioun dowéinst sou:

„Mir hu gëschter ronn 25 Appeller kritt vu Leit, déi soss an der WAK geschlof hunn, an elo net wësse wouhin. Mir hunn awer leider just dräi Better d'urgence disponibel, sinn also immens limitéiert, wann dorëms geet, Leit a Foyeren ënnerzebréngen. Mir versichen amplaz, Schlofsäck ze verdeelen. Leider sinn eis soss d'Hänn gebonnen. D'Zäit no der Wanteraktioun ass ëmmer esou komplizéiert. A wat dat Ganz natierlech verschlémmert, ass, datt et den Ament esou kal ass dobaussen.“

Wëssend, dass laut meteolux nach bis de Méindeg Minusgraden (bis -5 Grad) an der Nuecht gemellt sinn, wéilte mir folgend Froen un d'Madamm Familljeministesch stellen:

1. Deelt d'Madamm Ministesch d'Aschätzung vum uuewegannte Streetworker, dass Schlofsäck bei Temperature vu bis zu minus 5 Grad keng adequat Léisung duerstellen?

2. Wéi eng Beméiunge gouf et vusäite vum Ministère, fir de Leit op der Strooss kuerzfristeg eng Iwwernuechtungsméiglechkeet unzebidden?

3. Kann d'Madamm Ministesch eis soen, ob d'Better vun der WAK aktuell vun anere Persoune beluecht sinn?

• Wa jo, ass d'Struktur komplett oder just zum Deel besat? Ass et am Fall vun enger Deelbeleueg net méiglech, och den Obdachlosen eng Iwwernuechtungsméiglechkeet unzebidden?

• Wann net, aus wéi enge trëftege Grënn kënnen déi konventionéiert Associatiounen, iwwert den 31. Mäerz eraus, net op dës Better zréckgräifen?

• Misst d'Deadline vum 31. Mäerz fir d'Enn vun der WAK net iwwerduecht ginn?

4. Gëtt et, ausser der Wanteraktioun (WAK), keng Noutfallstruktur, fir déi Obdachlos, bei wanterlechen Temperaturen, iwwert den 31. Mäerz eraus kënnen ze hebergéieren?

• Wann net, ass et vusäite vum Ministère ugeduecht, sou eng Struktur op d'Been ze stellen?

• Wa jo, firwat ass dat bis haut nach net geschitt? Gëtt et an där Hisiicht scho konkreet Pläng? Wa jo, wéi eng?

**Réponse** (02.05.2022) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration* :

ad 1. + 4. Well een sech bewosst ass, datt héich Minustemperature grav Konsequenze kënnen hunn a fir dat obdachlos Persounen iwwert déi keelste Méint vum Joer net erfréieren, huet d'Regierung 2001 d'Wanteraktioun an d'Liewe geruff.

Niewent der Wanteraktioun finanzéiert de Familljeministère eng Rei un Noutfallstrukturen a Servicer, déi sech dat ganz Joer iwwer ëm obdachlos Persoune bekëmmern, ewéi zum Beispill:

- Dräi Haltes de nuit vu Caritas accueil et solidarité an der Croix-Rouge. An den Haltes de nuit kënnen obdachlos Persounen iwwernuechten, sech an hir Kleeder wäschen a si kréien owes a moies eppes z'essen. Ugangs lescht Joer ass eng dovun an nei Gebailechkeete geplënnert, mat enger erhéichter Kapazität u Better. Des Weiteren ass am Mee 2021 eng weider Halte de nuit an der Stad opgemaach ginn, déi sech spezifesch u Fraen adresséiert.

- De Service Premier appel vun Inter-Actions, deen obdachlos Leit ausserhalb vun den normalen Öffnungszäite vun anere Strukturen betreit an se, wann néideg, bei méi spezialiséiert Servicer begleet.

- De Service Para-Chute vu Caritas accueil et solidarité, deen sech u Leit adresséiert, déi sech op der Gare ophalen, a wou déi concernéiert Leit vum engem Sozialarbechter betreit an u weider sozial Servicer orientéiert ginn.

- De Foyer Abrisud vun der Stad Esch an de Centre Ulysse vu Caritas accueil et solidarité. Dëst sinn zwee Urgence-Foyeren, an deenen obdachlos Persounen iwwernuechte kënnen.

Doriwwer eraus schafft de Familljeministère, zesumme mat den Associatiounen aus dem Obdachloseberäich, konstant drun, fir d'Offer fir Leit op der Strooss auszebauen an durabel Léisungen auszeschaffen, déi et de concernéierte Leit erméiglechen, hir Liewenssituatioun laangfristeg ze verbesseren an aus der Obdachlosegkeet erauskommen.

Den Housing First ass heibäi ee wichtegt Instrument, well déi obdachlos Leit net just eng Wunneng zur Verfügung gestallt kréien, mee och begleet gi mam Zil, fir nees autonom kënnen ze liewen. Dëst Joer soll zum Beispill nach een Housing-First-Projet fir Frae realiséiert ginn.

Ausserdeem schafft de Familljeministère aktuell och en engem Projet, fir een Altersheem fir eeler obdachlos Persounen ze developpéieren.


Am Hierscht soll och ee Recensement gemaach gi vun de Leit, déi op der Strooss liewen, fir d'Bekämpfung vun der Obdachlosegkeet nach méi zilgeriicht kënnen opstellen.

ad 2. + 3. D'Structure d'urgence multifonctionnelle um Findel besteet aus zwee Gebaier - dem Gebai A an dem Gebai B. Säit dem Ufank vun der Flüchtlingskris huet de Familljeministère dem Office national de l'accueil an dem Centre de rétention, déi alle béid ënnert der Tutelle vum Aussen- an Europaminister respektiv dem Immigrationminister stinn, d'Gebai B zur Verfügung gestallt, fir hinnen an der Gestiou vun der Flüchtlingskris ënnert d'Äerm ze gräifen. D'Wanteraktioun geet normalerweis den 1. Dezember un an hält den 31. Mäerz op. Säit dem 1. Abrëll ginn d'Gebailechkeeten um Findel dem Centre de rétention zur Verfügung gestallt.

Well op den Datum vum 2. Abrëll d'Struktur effektiv just zum Deel besat war a Minusgraden annonciéiert waren, konnt de Bâtiment B vun der Structure d'urgence kuerzfristeg fir dräi weider Nuechte vun der Wanteraktioun an Usproch geholl ginn, fir den obdachlose Persounen esou eng Schlofplaz zur Verfügung ze stellen.

Generell léisst sech heizou och soen, datt am Kader vun der sanitärer Kris, an awer och wann d'Temperature konstant ëm d'Minusgrade louchen, de Familljeministère iwwert déi lescht Joren ëmmer séier reagiert huet, fir d'Wanteraktioun éischter opzemaachen oder nom 1. Abrëll nach ze verlängeren. Dëst an enker Zesummenaarbecht mat der Dräieck ASBL, déi zanter dem 1. Januar 2021 fir d'Gestiuon vun der Struktur um Findel zoustänneg ass. An deem Kontext, notament fir de Wiederkonditiounen gerecht ze ginn, ginn och Iwwerleeunge gefouert, fir d'Dauer vun der Wanteraktioun unzepassen.





N°07  
2021-2022

# CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

chd.lu   

## Compte rendu officiel n° 07 | Session ordinaire 2021-2022

### Budget 2022 et programmation financière pluriannuelle

|                                   |        |
|-----------------------------------|--------|
| - Rapport                         | p. 293 |
| - Exposé du Ministre des Finances | p. 299 |
| - Débats                          | p. 301 |

### Sommaire des séances publiques n°s 20 à 23

|                                       |        |
|---------------------------------------|--------|
| Sommaire des questions parlementaires | p. 326 |
|                                       | p. Q95 |

### 20<sup>e</sup> séance

### 21<sup>e</sup> séance

### 22<sup>e</sup> séance

### 23<sup>e</sup> séance

Judi 9 décembre 2021

Mardi 14 décembre 2021

Mercredi 15 décembre 2021

Mercredi 15 décembre 2021

## Erënnerung un d'Zwangsrekrutéierung am Zweete Weltkrich

„D'Erënnerung ass e wäertvolle Schatz, dee mir all un déi nächst Generatiounen musse weiderginn.“ Dat huet de Chamberspresident, den Här Fernand Etgen, den 30. August gesot, fir déi 13.000 jonk Lëtzebuerger Jongen a Meedercher ze éieren, déi virun 80 Joer am Zweete Weltkrich zwangsrekrutéiert goufen an a verschidden däitsch Organisatiounen agezu goufen, dorënner d'Wehrmacht, de Reichsarbeitsdienst (RAD) an de Kriegshilfsdienst (KHD).

Si goufen „an eng friem Uniform gezwongen a vill vun hinne sinn net méi heemkomm“. Dat war e „Verbrechen un der Lëtzebuerger Jugend“, esou de Chamberspresident, deen an dësem Kader op der Hollerecher Gare a bei der Victor-Hugo-Hal um Lampertsbiërg war.

Den 31. August war den éischte Bierger vum Land zu Wolz fir eng weider Gedenkfeier, dës zur

Erënnerung un de Generalstreik, deen den 31. August 1942 zu Wolz ugefaangen a sech dann iwwert d'ganz Land ausgebreit huet.

Obwuel d'Reaktioun vun den Nazien op dës Bewegung brutal war - Ausnahmestandard, Standgerichter, Massverhaftungen, Exekutiounen, Prision, Aarbechts-, Strof- oder Konzentrationslager -, hunn, esou de Chamberspresident, „déi Wëlzer, an duerno ganz Lëtzebuerg, de Kanner eng Léier fir d'Liewe ginn. Mee net nëmmen de Kanner: och den Enkelkanner, Urenkelen an alle Generatiounen, déi no hinne kommen.“

*Gedenkzeremonie beim Monument op der Hollerecher Gare*



© SIP - Emmanuel Claude

Rencontre des Présidentes et Présidents de Parlement des pays germanophones au Liechtenstein

## Rôle des parlements pendant la pandémie et participation citoyenne



*De gauche à droite : M. Karl-Heinz Lambert, Président du Parlement de la Communauté germanophone de Belgique, M. Wolfgang Sobotka, Président du Conseil national autrichien, M. Albert Frick, Président du Landtag de Liechtenstein, Mme Bärbel Bas, Présidente du Bundestag allemand, Mme Irène Kälin, Présidente du Conseil national suisse, M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés*

Les Présidentes et Présidents de Parlement des pays germanophones se sont réunis au Liechtenstein les 25 et 26 août 2022. Lors de cette rencontre traditionnelle, dont les origines remontent à 2016, M. Albert Frick, Président du Landtag de Liechtenstein, a accueilli M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés, M. Karl-Heinz Lambert, Président du Parlement de la Communauté germanophone de Belgique, Mme Bärbel Bas, Présidente du Bundestag allemand, M. Wolfgang Sobotka, Président du Conseil national autrichien, ainsi que Mme Irène Kälin, Présidente du Conseil national suisse. Dans le cadre de la conférence, les six Présidentes et Présidents de Parlement, représentant une population d'environ 100 millions de personnes, ont débattu du rôle des parlements pendant la pandémie de Covid-19 ainsi que de la participation citoyenne. Lors de la discussion sur la pandémie, il est apparu que de nombreuses mesures ont dû être mises en œuvre à très court terme et que le rôle des parlements a été essentiel pour éviter toute dérive antidémocratique.

« Les parlements sont des remparts importants contre l'érosion de nos valeurs communes », a rappelé M. Fernand Etgen dans son discours qu'il a terminé par un appel à la solidarité et à l'inclusion en toutes circonstances. Dans ce contexte, la participation citoyenne, deuxième sujet à l'ordre du jour, joue un rôle fondamental que les parlements doivent soutenir et promouvoir.

Ainsi, le Président de la Chambre des Députés a souligné que « les parlements sont un élément unificateur au cœur de la démocratie participative et doivent offrir une plateforme d'échange ouverte et inclusive ».

Même si chaque pays a son propre système de politique participative en raison de contextes politiques différents, les Présidentes et Présidents ont reconnu le rôle primordial qui revenait aux parlements en tant que porte-paroles des citoyens. Les participants ont également pu s'entretenir avec le Prince héritier Alois von und zu Liechtenstein lors d'une visite de courtoisie au château de Vaduz.

## D'Chambersblietche geschwënn am neie Look!

Am Oktober kritt d'Chambersblietchen en neie Look an Dir kritt et dann exklusiv op Ufro. Abonéiert lech vun elo un, wann Dir et weider gratis wëllt heemgeschéckt kréien:

 Entweder **per E-Mail** un [abacro@chd.lu](mailto:abacro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress, Code postal an Uertschaft ugitt,

 oder schéckt gratis d'Carte-réponse **per Post** zrëck, déi dësem Chambersblietche bäiläit.

Op [www.chd.lu](http://www.chd.lu) oder iwwer [abacro@chd.lu](mailto:abacro@chd.lu) kënnt Dir lech och op déi **elektronesch Versioun** abonéieren.

### D'Chambersblietche geschwënn am neie Look!

Abonéiert lech

Am Oktober kritt d'Chambersblietchen en neie Look an Dir kritt et dann exklusiv op Ufro. Abonéiert lech vun elo un, wann Dir et weider gratis wëllt heemgeschéckt kréien:

 Entweder **per E-Mail** un [abacro@chd.lu](mailto:abacro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress, Code postal an Uertschaft ugitt,

 oder schéckt gratis dës Carte-réponse **per Post** zrëck.

#### Coupon fir e Gratis-Abo op d'Chambersblietchen:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_  
Société/Administratioun: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_  
Adress: \_\_\_\_\_  
Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_  
Land: \_\_\_\_\_

D'Chambersblietche wërt lech vum Oktober un als eegestänneg Zeitung zougestallt ginn. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeën ginn traitéiert, bis Dir lech desabonéiert, wat Dir anwieder per E-Mail un [abacro@chd.lu](mailto:abacro@chd.lu) maache kënnt oder unhand vum Coupon, deen Dir spéider am neie Compte rendu fanne wëert. Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



## Armée luxembourgeoise : nouveaux véhicules de CLRV

### 7852 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à financer l'acquisition et le support logistique de véhicules de commandement, de liaison et de reconnaissance (CLRV) pour les besoins de l'Armée luxembourgeoise

Le projet de loi a pour objet d'autoriser le Gouvernement à financer l'acquisition et le support logistique de véhicules de commandement, de liaison et de reconnaissance (CLRV). Les nouveaux véhicules devront remplacer les « Hummer » et les PRV (« Dingos »). L'Armée luxembourgeoise dispose de deux types de véhicules tactiques. Le plus ancien est le HMMWV UA (Hummer), en service à l'armée depuis 1996. Les trois éléments à considérer pour un véhicule tactique sont la plateforme, le système radios et l'équipement d'armement. L'état de vétusté de ces trois éléments du Hummer est tel qu'une actualisation n'est plus possible ; en particulier, l'absence totale de protection du tireur en tourelle ne correspond nullement aux standards actuels. Le second type est le PRV (Dingo), en service à l'armée depuis 2010 et actuellement utilisé en mission au Mali. Au moment du remplacement prévu en 2025, le PRV aura 15 ans de service. Si la plateforme est encore en parfait état de marche, une étude effectuée en 2018 a révélé qu'une mise à niveau du système radios/jammer/électronique et du système d'armement aurait dépassé les coûts d'un remplacement total du véhicule.

Le coût total s'élève à 367 millions d'euros et inclut les mises à niveau des sous-systèmes de communication et d'armes, permettant ainsi une durée de vie des véhicules de 15 à 20 ans. La dépense est faite aussi dans l'objectif de la contribution à l'effort de défense OTAN de 0,72 % du PIB en 2024. Le projet est réalisé en collaboration avec la NSPA. Les dépenses sont imputées à charge du Fonds d'équipement militaire, pour ce qui est des dépenses occasionnées par l'acquisition des CLRV et de leurs sous-systèmes d'armes et de communication, et des crédits de l'Armée luxembourgeoise, pour ce qui est des dépenses occasionnées par le support logistique des CLRV et de leurs sous-systèmes d'armes et de communication.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Défense, le 01.07.2021  
Rapporteuse : Mme Stéphanie Empain

Travaux de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense  
(Présidente : Mme Stéphanie Empain) :  
02.06.2021 Présentation du projet de loi  
25.11.2021 Désignation d'un rapporteur  
Examen de l'avis du Conseil d'État  
02.12.2021 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 07.12.2021  
Loi du 17 décembre 2021  
Mémorial A : 2021, n° 886, page 1

## Budget de l'État pour l'exercice 2022 et programmation financière pluriannuelle 2021-2025

### 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 et modifiant :

1° le Code de la sécurité sociale ;

2° la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs (« Bewertungsgesetz ») ;

3° la loi modifiée du 1<sup>er</sup> décembre 1936 concernant l'impôt commercial (« Gewerbesteuer-gesetz ») ;

4° la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes ;

5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;

7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant

a) harmonisation de renseignement musical dans le secteur communal ;

b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;

c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;

8° la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999 ;

9° la loi du 7 décembre 2007 autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain ;

10° la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse ;

11° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcoolique ;

12° la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant modification 1. du Code de la sécurité sociale ; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant ;

13° la loi du 1<sup>er</sup> août 2019 concernant les mutuelles

Le budget de l'État pour l'exercice 2022 est arrêté aux montants suivants :

|                                       |                      |
|---------------------------------------|----------------------|
| - Recettes courantes                  | 19.417.240.265 euros |
| - Recettes en capital                 | 96.942.500 euros     |
| - Recettes des opérations financières | 2.369.177.540 euros  |
| - Dépenses courantes                  | 18.425.125.450 euros |
| - Dépenses en capital                 | 2.583.750.751 euros  |
| - Dépenses des opérations financières | 1.223.010.100 euros  |

L'article 3 précise que les différentes formes de remboursement qui peuvent intervenir dans le cadre d'un sous-compte luxembourgeois d'un compte PEPP (Pan-European Personal Pension Product) sont considérées comme des revenus divers au sens de l'article 99. En effet, si toutes les conditions sont respectées, le remboursement en

capital est considéré comme un revenu divers et est imposé à la moitié du taux global. Ceci est également le cas si le souscripteur décède avant l'échéance du contrat ou en cas de remboursement anticipé pour des raisons d'invalidité ou de maladie grave. La loi a été complétée par la faculté conférée au contribuable de procéder à un retrait annuel du capital accumulé, qui sera également imposé à la moitié du taux global (sous conditions). En ce qui concerne le remboursement anticipé de l'épargne accumulée ainsi que le capital constitutif de la rente viagère payée de manière anticipative, pour des raisons autres que la maladie grave ou l'invalidité du souscripteur du contrat, ils sont intégralement imposables par application du tarif normal de l'impôt au titre de l'année d'imposition au cours de laquelle le remboursement ou le paiement a lieu.

Au niveau des contrats d'épargne-logement, l'article 3 prévoit d'élargir la liste des fins fiscalement favorisées par l'ajout du financement des frais d'entretien et de réparation de l'habitation utilisée par le propriétaire pour ses besoins personnels ainsi que celui d'installations solaires photovoltaïques ou thermiques rattachées à cette habitation. Sous frais d'entretien et de réparation, il faut entendre les dépenses engagées pour tous les travaux ayant pour objet de maintenir ou de remettre l'immeuble en bon état et d'en permettre un usage normal.

Un ajout dans la loi permet que des enfants qui touchent des fonds en vertu d'un contrat d'épargne-logement conclu avant le 31 décembre 2021, le cas échéant par leurs parents, à un âge où ils ne peuvent encore affecter utilement les fonds à une des fins fiscalement favorisées puissent à l'avenir continuer à faire valoir des cotisations versées à des caisses d'épargne-logement en tant que dépenses spéciales déductibles.

L'article 25 introduit la gratuité de cinq repas principaux hebdomadaires au bénéfice des enfants inscrits à l'éducation précoce et aux enfants scolarisés au sens de l'article 3, point 2) de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse. La mesure a pour objet d'alléger la charge que représente le coût du repas et s'applique lorsque la situation de revenu du représentant légal est inférieure à 4 fois le salaire social minimum. Suite à l'intervention du Conseil d'État, cette disposition entre en vigueur le 1<sup>er</sup> septembre 2022. L'article 26 réintroduit l'indexation de l'allocation familiale à partir du 1<sup>er</sup> octobre 2021, date à laquelle une nouvelle tranche indiciaire est échue.

L'article 40 proroge le délai du 31 décembre 2021, endéans duquel les mutuelles doivent procéder à l'adaptation de leurs statuts pour les mettre en conformité avec les dispositions légales en vigueur, au 31 décembre 2022. Alors qu'initialement le délai accordé laissait suffisamment de temps aux mutuelles de préparer les modifications statutaires, la crise sanitaire due à la Covid-19 a eu un impact important sur leur fonctionnement. Comme jusqu'à présent seule environ la moitié des mutuelles a transmis au Ministère de la Sécurité sociale les modifications statutaires requises pour se mettre en conformité, il y a un fort risque que toutes les mutuelles n'y parviendront pas pour le 31 décembre 2021.

Dans un environnement de taux d'intérêts négatifs que les établissements financiers sont amenés à répercuter sur leurs clients, en ce compris des établissements publics et des communes, l'article 44 autorise la Trésorerie de l'État de prendre en dépôt des fonds, c'est-à-dire des liquidités, des institutions de sécurité sociale, des communes, syndicats de communes ou autres établissements publics. La mise en place du fonds spécial en question crée une base de comptabilisation pour les dépôts de liquidités de la part des entités susvisées. En application du principe de la fongibilité de l'argent, l'État en assurera la gestion ensemble avec ses propres liquidités et pourra donc en optimiser et dynamiser la gestion.

### 7879 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025

L'article 1<sup>er</sup> du projet de loi a pour objet de fixer l'objectif budgétaire à moyen terme (OMT) sur toute la période dont le présent projet de loi fait l'objet, en le fixant à +0,5 % du PIB pour la période 2021-2025.

Les soldes nominaux et structurels de la trajectoire d'ajustement vers l'objectif budgétaire à moyen terme évoluent comme suit au titre de la période 2021 à 2025 :

| En % du PIB                           | 2021   | 2022   | 2023   | 2024   | 2025   |
|---------------------------------------|--------|--------|--------|--------|--------|
| - Administration centrale             | -2,0 % | -1,7 % | -1,6 % | -1,2 % | -0,9 % |
| - Administrations locales             | +0,2 % | +0,3 % | +0,3 % | +0,3 % | +0,3 % |
| - Administrations de sécurité sociale | +1,1 % | +1,2 % | +1,1 % | +1,0 % | +0,9 % |
| - Administrations publiques :         |        |        |        |        |        |
| Solde nominal                         | -0,6 % | -0,2 % | -0,2 % | +0,1 % | +0,3 % |
| Solde structurel                      | +0,1 % | +0,3 % | +0,6 % | +0,6 % | +0,5 % |

Dépôts des projets de loi 7878 et 7879 par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 13.10.2021  
Rapporteur : M. Dan Biancalana

Travaux de la Commission des Finances et du Budget  
(Président : M. André Bauler) :  
19.07.2021 Désignation d'un rapporteur  
18.10.2021 Échange de vues avec des représentants de l'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA  
Échange de vues avec des représentants de l'Administration des douanes et accises  
19.10.2021 Échange de vues avec des représentants de l'Administration des contributions directes  
25.10.2021 Échange de vues avec des représentants du Statec au sujet de la situation conjoncturelle et des prévisions économiques  
11.11.2021 Examen du volet Sécurité sociale

|            |                                                                                                                                                                             |
|------------|-----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| 15.11.2021 | Présentation de l'évaluation du Conseil national des finances publiques (CNFP)                                                                                              |
| 22.11.2021 | Présentation de l'avis de la Cour des comptes                                                                                                                               |
| 26.11.2021 | Échange de vues sur les grandes lignes du projet de budget avec le Ministre des Finances, le Directeur de l'Inspection générale des finances et des représentants du Trésor |
| 29.11.2021 | Présentation de l'avis de la Banque centrale du Luxembourg                                                                                                                  |
| 03.12.2021 | Examen des avis du Conseil d'État                                                                                                                                           |
| 10.12.2021 | Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État<br>Présentation et adoption d'un projet de rapport                                                                 |

Travaux de la Commission de la Culture

(Présidente : Mme Djuna Bernard) :

02.12.2021 Présentation du volet Culture

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

(Président : M. Yves Cruchten) :

29.11.2021 Présentation du budget central du Ministère des Affaires étrangères et de la Direction de l'immigration  
13.12.2021 Présentation des parties concernant la Direction de la coopération au développement et de l'action humanitaire

Travaux de la Commission de la Justice

(Président : M. Charles Margue) :

01.12.2021 Présentation et examen du volet Justice

Travaux de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :

08.11.2021 Présentation et examen du volet Institutions

Travaux de la Commission de la Famille et de l'Intégration

(Président : M. Max Hahn) :

16.11.2021 Présentation des volets Famille et Intégration

Travaux de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

(Présidente : Mme Diane Adehm) :

26.11.2021 Échange de vues sur les grandes lignes du projet de budget avec le Ministre des Finances, le Directeur de l'Inspection générale des finances et des représentants du Trésor

Travaux de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

(Présidente : Mme Francine Closener) :

18.11.2021 Présentation du volet relevant de la compétence du Ministère de l'Économie

Travaux de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

(Présidente : Mme Tess Burton) :

28.10.2021 Présentation des volets relevant de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

(Président : M. Gilles Baum) :

17.11.2021 Présentation des volets Éducation, Enfance, Jeunesse, Enseignement supérieur et Recherche

Travaux de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

(Président : M. Guy Arendt) :

22.11.2021 Présentation des volets Médias, Communications et Digitalisation

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

(Président : M. Dan Kersch) :

28.10.2021 Examen du volet Travail et emploi

11.11.2021 Examen du volet Sécurité sociale

Travaux de la Commission du Logement

(Présidente : Mme Semiray Ahmedova) :

28.10.2021 Examen des dépenses concernant le Logement

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

03.12.2021 Examen des volets Environnement, Climat, Développement durable, Énergie et Aménagement du territoire

Vote en séance publique du projet de loi 7878 : 16.12.2021

Loi du 17 décembre 2021

Mémorial A : 2021, n° 906, page 1

Vote en séance publique du projet de loi 7879 : 16.12.2021

Loi du 17 décembre 2021

Mémorial A : 2021, n° 908, page 1



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Heure de questions au Gouvernement

**Question n° 264 du 9 décembre 2021 de Mme Martine Hansen relative aux mesures mises en place contre la propagation du virus Sars-CoV-2 dans l'Enseignement fondamental, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

- Mme Martine Hansen - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Question n° 265 du 9 décembre 2021 de M. André Bauler relative au site initial du CGDIS-Nordstad, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

- M. André Bauler - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

**Question n° 266 du 9 décembre 2021 de M. Sven Clement relative au remboursement de la psychothérapie, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale**

- M. Sven Clement - M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale

**Question n° 267 du 9 décembre 2021 de Mme Francine Closener relative à l'Indice d'égalité de genre (« GEI ») 2021, adressée à Mme la Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes**

- Mme Francine Closener - Mme Taina Bofferdig, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes

**Question n° 268 du 9 décembre 2021 de M. Aly Kaes relative à la grippe aviaire, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

- M. Aly Kaes - M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

**Question n° 269 du 9 décembre 2021 de M. Marc Hansen relative à la récente controverse autour du fonctionnement de l'environnement eSanté, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale**

- M. Marc Hansen - M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale

**Question n° 270 du 9 décembre 2021 de M. Serge Wilmes relative aux suites économiques des manifestations de samedi dernier dans la ville de Luxembourg pour les forains et les commerçants de la capitale, adressée à M. le Ministre des Classes moyennes**

- M. Serge Wilmes - M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes

### 3. Question élargie n° 122 de M. Laurent Mosar au sujet des entités proposant des services financiers

- M. Laurent Mosar - M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (interventions de M. Laurent Mosar) - M. Laurent Mosar - M. le Ministre Pierre Gramegna

### 4. Heure d'actualité de la sensibilité politique ADR au sujet de l'interdiction du moteur à combustion

- Exposé : M. Fred Keup (dépôt de la motion 1)

- Débat : Mme Martine Hansen - M. Max Hahn - Mme Cécile Hemmen - Mme Stéphanie Empain - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen (interventions de M. Gusty Graas, M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, M. Gilles Baum, M. Yves Cruchten, M. Georges Engel, M. Claude Lamberty et M. Fernand Kartheiser)

- Prises de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie (interventions de Mme Martine Hansen et M. Fernand Kartheiser) - Mme Martine Hansen (parole pour fait personnel) - M. le Ministre Claude Turmes (interventions de M. Sven Clement) - M. Fred Keup (parole pour fait personnel) - M. le Ministre Claude Turmes (interventions de M. Fred Keup) - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable - Mme Myriam Cecchetti (parole après ministre) - M. Fred Keup (parole après ministre)

- Motion 1 : Mme Stéphanie Empain - M. Marc Goergen - M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie (intervention de M. Fred Keup) - Mme Myriam Cecchetti - Mme Martine Hansen - M. Fred Keup

- Vote sur la motion 1 (rejetée)

### 5. 7499 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés visant à insérer un registre de transparence dans le Règlement de la Chambre des Députés

- Rapport de la Commission du Règlement : M. André Bauler

- Discussion générale : M. Léon Gloden (dépôt de la résolution 1 et de la motion 1) - M. André Bauler - M. Georges Engel - Mme Josée Lorsché (intervention de M. Sven Clement) - M. Fernand Kartheiser - Mme Myriam Cecchetti - M. Sven Clement (intervention de M. Fernand Kartheiser et Gilles Baum) - M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel) - M. Sven Clement (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. Fred Keup)

- Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

- Résolution 1 : M. Gilles Baum

- Vote sur la résolution 1 (adoptée)

- Motion 1 : M. Gilles Baum - M. Léon Gloden

- Vote sur le renvoi de la motion 1 à la Conférence des Présidents (adopté)

### 6. 7910 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2020

- Rapport de la Commission des Comptes : M. Marc Lies (dépôt d'une résolution)

- Discussion générale : M. Carlo Back - M. Guy Arendt - Mme Lydia Mutsch - M. Jeff Engelen - M. Sven Clement

- Vote sur la résolution (adoptée)

### 7. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la santé et de la sécurité au travail

- Exposé : M. Marc Spautz (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)

- Débat : Mme Carole Hartmann - M. Georges Engel - M. Carlo Back - M. Jeff Engelen - Mme Myriam Cecchetti - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre ; M. Romain Schneider, M. Pierre Gramegna, M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, Mme Carole Dieschbourg, M. Claude Turmes, Mme Taina Bofferdig et M. Lex Delles, Ministres.**

*(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)*

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.**- Nee, Här President.

### 2. Heure de questions au Gouvernement

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 83 vum Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an der Regierung sti véier Minutten zou, fir ze äntwerten.

Als Éischt hu mer d'Fro Nummer 264 vun der Madamm Martine Hansen un den Här Minister fir Educatioun, Jugend a Kanner iwwert d'Moosname géint d'Propagatioun vum Covid-19 an der Primärschoul. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 264 du 9 décembre 2021 de Mme Martine Hansen relative aux mesures mises en place contre la propagation du virus Sars-CoV-2 dans l'Enseignement fondamental, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Jo. Villmools merci, Här President. D'Inzidenzzuel bei de Jugendlechen ënner 14 Jor ass déi héchsten, déi mer hunn, 758 op 100.000 Awunner hu mer gëschter konnte liesen. Bal all Fënnette stécht sech an der Schoul un, an eng grouss Majoritéit och doheem, wou mer och dervunner kënnen ausgoen, datt d'Kanner jo och eng Kéier heemginn an datt do vläicht och nach een Deel op d'Kanner zréckzeféieren ass.

Leider ass den Här Minister bis elo nach net an d'Chamberskommissioun komm, wou mer iwwert déi nei Covidmesuren diskutéiert hunn. Dofir hunn ech hei eng Partie Froen un den Här Minister ze stellen.

Éischtens: Firwat publizéiert de Ministère keng reegelméisseg detailléiert Statistike méi, esou wéi virun der Sommervakanz nach?

Zweetens: Wéi vill Kanner loosse sech net testen an der Schoul?

Drëttens: Wat ass de konkreete Benefiss vun enger Semaine de testing renforcé, wann net all Kand matmécht?

Véiertens: Wat plangt de Ministère ze maachen, fir datt d'Mesuren an der Schoul, an de Betreungsstrukturen an am Schoultransport méi kohärent sinn?

Fënneftens: Wéi positionéiert den Här Minister sech zur Iddi, fir eventuell d'Unzuel vun den Tester esou ze erhéijen, datt se och konform sinn zum Gesetz? Am Gesetz steet jo, datt e Schnelltest just nach een Dag gutt ass respektiv e PCR-Test just nach zwee Deeg gutt ass. Virun allem am Hannergrond dovunner, well am Gesetz steet, datt d'Kanner ënner zwielef Joer beim CovidCheck u sech näischt musse maachen. D'Madamm Gesondheetsminister sot, si wäre sécher, well se jo géife reegelméisseg an der Schoul getest ginn, wat jo awer net onbedéngt déi Reegelméissegkeet ass, déi soss virausgesat ginn ass.

Dann, siwontens: Wéi positionéiert den Här Minister sech zu de Masken an der Schoul?

An aachtens: Ab wéi enger Inzidenzzuel wëllt de Ministère zousätzlech Mesuren ergreifen?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hansen. Den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech äntwerte ganz gären op déi vill Froen do. Allerdéngs mengen ech, datt véier Minutten dach awer e bësse knapp sinn do derfi.

Ech hat och gesot, an ech hat mam President vun der Kommissioun rieds, datt mer gären an d'Kommissioun kommen, fir dat doten ze erklären an ze explizéieren an eng Kéier e bësse méi am Detail op d'Infektiounen bei der Schoulcommunautéit anzegoen.

Eng Saach wëll ech awer agangs direkt och richtegstellen. Ech weess net, wéi een hei ka behaapten, datt e Fënnettel vun den Infektiounen an de Schoule geschitt. E Fënnettel vun den Infektiounen fanne bei der Schoulcommunautéit statt, bei Leit, déi an d'Schoul ginn oder an der Schoul schaffen. An dat ass awer en Ënnerscheid. An ech fannen et net saachdénglech, déi Verdréiung do ze maachen, wa mer gären eng oppen an éierlech Diskussioun doriwwer féieren.

Mir stellen an deene leschte Woche ganz besonnesch fest, datt mer eng nach ëmmer relativ entspaante Situatioun an de Lycéeën hunn. Ech hat selwer nach vill Gespräicher an deene leschten zwou Woche mat Lycéedirekteren, déi mer soen: „Jo, et gött Fäll. Mir haten der och elo erëm eng Kéier e puer.“ Dat geet och emol vläicht erëm e bessen an d'Luucht, mee par rapport zu der Situatioun, wéi mer se am leschte Joer haten, ass et an de Lycéeë ganz entspaant.

Dat ass natierlech och dorobber zréckzeféieren, datt laut Informatiounen vun dem Gesondheetsmi-

nistère 70 % vun der Alterskategorie 12 bis 18 Joer - dat sinn zum groussen Deel dann d'Schülerinnen an d'Schüler, déi an de Lycée ginn - geimpft sinn.

Mir hunn eng däitlech manner entspaante Situatioun am Fondamental, wou ech awer och wëll drop hiweisen, datt mer dat absolutt virausgesinn hunn. Ech hu bei der Rentrée drop opmierksam gemaach, datt et evident wäert sinn, datt, wann de Virus eng Kéier erëmkënn, e sech ganz besonnesch wäert an deenen Alterskategorieë breetmaachen, déi net geimpft sinn, oder bei deene Populationskategorieë breetmaachen, déi net geimpft sinn. An an aller Reegel ass et esou, datt an der Grondschoul d'Schüler net geimpft sinn, ausser déi, déi schonn zwielef Joer hunn a vun enger Impfung konnte profitéieren.

Mir haten, wann ech dat op déi lescht Woch kucken - mee dat si Chifferen, déi hutt Dir och, déi si gëschter vun der Santé publizéiert ginn -, an der Grondschoul 644 positiv Fäll an der leschter Woch. Mir haten der 237 an de Lycéeën. Dat weist nach eng Kéier den Ënnerscheid.

Ech muss och soen, datt den Avis vum Conseil supérieur des maladies infectieuses mech dach awer e bessen iwwerrascht huet, fir op jidde Fall haut nach net ze recommandéieren, systematesch d'Impfung de Kanner ënner zwielef Joer ze proposéieren, mee dat op vulnerabel Kanner ze limitéiere respektiv op Kanner, déi da mat vulnerabele Persounen a Kontakt sinn. Well eng Impfung vun engem Deel vun de Kanner ënner zwielef Joer hätt sécherlech och zu enger Entspannung bäigedroen an deenen nächste Wochen an der Grondschoul. An ech hoffen, datt de CSMI do säin Avis awer nach eng Kéier reconsideréiert an deenen nächste Wochen.

Mir hunn am Fondamental e staarken Ustig gehat an deene leschte Wochen. Ech muss soen, datt den Ustig nach weidergeet, awer däitlech ofgebremst ass. Mir hate vun der Vakanzewoch Allerhellgen op déi Woch duerno en Ustig vun 19 %, dunne ganz staarken Ustig vun 79 % an der Schoulcommunautéit am Fondamental. Deen ass awer dunne erëm erofgaangen op déi virlescht Woch ëm 25 %. An d'virlescht Woch op déi lescht Woch ass d'Zuel vun den Infektiounen an der Communautéit vun der Grondschoul nach just ëm 5 % an d'Luucht gaangen. Dat heescht, et deit sech un, wéi wa mer do géife plafonéieren. Mir kënnen also op kee Fall vun engem exponentielle Wuesstum momentan do schwätzen, och wa mer natierlech déi Saach musse ganz genau suivéieren an am A behalen.

An duerfir ass et och esou, an ech hunn de Moien der Press dat eng Kéier erkläert, well offensichtlech am ganze Land et Rumeure gött, datt d'Schoulen éischter géifen zougoen oder datt d'Vakanz géif verlängert ginn: Dat ass sécherlech net de Fall, et gött keng Vakanzewoch bäigesat, net virun an och net duerno!

Ech wëll och nach ënnersträichen: Mir hunn nach ni eng Vakanzewoch bäigesat! Mir sinn héchstens an

den Homeschooling gaangen, soudatt d'Schoul vun doheem aus konnt assuréiert a suivéiert ginn.

Dir wësst och, Dir Dammen an Dir Hären, datt mer zanter der Rentrée d'Kommunikatioun exklusiv iwwert d'Santé maachen. D'Santé huet dann och an hire mëttwöchentleche Kommunikatiounen d'Chiffere matintegréiert vun der Schoulcommunautéit, zum Deel iwwert d'Alterskategorien, zum Deel mëtlerweil awer och iwwer en zweete Graphique, wou ech d'Chifferen och grad hei zitéiert hunn.

Mir hunn och nach e Graphique proposéiert - mee ech wäert mat de Kollegeinnen a Kollegee muer am Regierungsrot dat och nach eng Kéier beschwätzen -, wou mer méi op déi regional Ënnerscheeder agi vun den Inzidenzen, notamment am Fondamental, well mer schonn de Fokus momentan op de Fondamental sollt leeën, op d'Inzidenzen an och op d'Infektiounszuelen an absolute Gréissten an de Regiounen vun der Grondschoul, an deene 15 Regiounen. An do gesäit een eeben och Ënnerscheeder. An dat ass a mengen Aen awer och nach ëmmer e Grond, fir net op eng generell Maskepflicht ze goen. Dat ass fir mech nach ëmmer e Grond fir ze soen: Jo, mir hunn eng Maskepflicht dann, wann ech mech beweegen am Gebai, fir d'Schüler a fir d'Enseignanten. Mir hunn och eng Maskepflicht, wann een an enem Kontakt war mat engem positiver Fall. Also do, wou méi Viruslaascht ass, wou méi positiv Fäll sinn, sinn och automatesch méi Masken. An do, wou de Virus manner ass, muss d'Mask dann och deementspreechend net permanent ugedoe ginn. Dat ass fir mech nach ëmmer eng gutt Situatioun, déi einfach de bon sens ass an déi mer och mat den Autoritéite vum Gesondheetsministère esou ofgeschwat hunn.

Den Testing hu mer verstärkt. Mir hunn e verstärkt am Fondamental vun zweemol d'Woch op dräimol d'Woch, fir do e bessere Screening nach eng Kéier ze kréien iwwert d'ganz Woch. Mir hunn awer och gesot, datt dann, wann e positive Fall an enger Klass detektéiert ginn ass, déi ganz Klass während enger Woch ganz soll getest ginn, also während fënnef Deeg an der Woch soll getest ginn. Och do entsprécht et, mengen ech, erëm eng Kéier dem kloren Mënscheverstand, datt do, wou de Virus ass, mer nach méi testen, obschonn mer scho generell vill teste mat dräimol d'Woch.

Dir hutt nach eng Kéier op d'Fräiwëllegkeet higewisen. Ech mengen, mir hate laang rieds scho virum Summer, nom Summer iwwert de CovidCheck an der Schoulcommunautéit an zu wat fir Konklusiounen datt dat kéint féieren, nämlech datt, wann een net matmécht, een dann och vum Unterrecht ausgeschlossen wär. Dat wëlle mer evitéieren.

Mir hunn am Fondamental, ëm deen et jo hei geet, nach ëmmer eng Participatioun un den Tester vun 90 %. An et muss ee jo och wëssen, datt, wann do Positiver drënner sinn, déi sech vläicht net teste





loossen, mer se nawell herno fannen. Well wann et jo bis weidergaangen ass, dann ass een och an enger Measure vun der Santé dran, mat eventuell enger Quarantän, mat engem obligatoresche PCR-Test, fir do erëm erauszekommen. Also, et ka kee sech dauerhaft deem Testing do entzéien.

Dir kennt meng prinzipiell Haltung zu de Masken, déi hunn ech lech gesot. Mir wäerten dat awer weider genee suivéieren, Dir Dammen an Dir Hären.

Ech hunn och festgestallt, datt eenzel Acteure sech bis elo kloer fir oder géint d'Masken expriméiert hunn, anerer sinn amgaangen, hir Meenung do ze änneren. Ech wäert och do erëm eng Kéier eng Consultatioun elo um Enn vun dësem Trimester maachen a mat de jeeweilege Schoulpartner kucken, ob mer aner Weeër musse goen.

Ech wëll awer och soen: Déi Decisioun läit net a mengen Hänn! Déi Decisioun läit, wann dann aus sanitäre Grënn, éischter an den Hänn vun der Santé. A finalement läit se an Ären Hänn, well et ass iwwert d'Covidgesetz, wou dat dote momentan gereegelt ass a wou et dann och misst geännert ginn, falls mer en anere Wee wölten aschloen, deem iwwer eng normal Recommandatioun géif erausgoen.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Här Educationnsminister Claude Meisch.

Mir kommen dann zur Fro Nummer 265 vum Här André Bauler un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung iwwert den initiale Site vun dem CGDIS Nordstad. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 265 du 9 décembre 2021 de M. André Bauler relative au site initial du CGDIS-Nordstad, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

■ **M. André Bauler (*DP*)**.- Merci, Här President. D'Stad Dikrech hat en Terrain kaaft, no beim Fridhaff, fir op dëser Plaz, am Ausgang vum Bamerdall a Richtung Éislek, dat zukünftegt Gebai vum CGDIS-Nordstad opriichten ze kënnen.

Dat ass awer net gaangen, well den Ëmweltministère eng Rei ekologesch Bedenken hat. Elo ass et awer esou, datt deem zweete Site vum CGDIS net wäit vum éischten ewech läit, e puer Honnert Meter just, esou genau wäert dat jo elo net hei goen, op jidde Fall, sou gouf mer allzäit viru Kuerzem preziséiert, datt dat net wäit vun deem éischte Site ewech ass. Hei stelle sech apparement elo keng ekologesch Problemer méi.

An deem Kontext wollt ech der Madamm Ëmweltminister folgend Froe stellen:

Éischstens: Aus wat fir geneeën Ursaachen ass deem éischte Site, deem d'Stad Dikrech kaaft hat, net méiglech gewiescht? Kann d'Madamm Minister eis do vläicht Prezisiounen liwweren?

Zweetens: Wéi ass et méiglech, datt sech beim neie Site; deem also guer net esou wäit ewech läit vum éischte Standuert, kaum oder guer keng ekologesch Constraintë stellen?

An zu gudder Lescht wollt ech froen: Huet d'Madamm Minister wëlles, d'Stad Dikrech ze froen, ob si bereet wier, fir eventuell Kompensationsmoosnamen op hirem Terrain - op deem d'Gemeng Dikrech also de CGDIS-Nordstad fir d'éischt gebaut wollt gesinn - duerchféieren ze loossen?

Dat gesot, soen ech lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Bauler. D'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Carole Dieschbourg, huet d'Wuert.

■ **Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable***.- Här President, Dir Dammen an Hären, fir d'éischt emol merci dem André Bauler fir dës Fro, well et ass sécher eng, déi laang am Raum stoung.

Et ass esou, wa mer de Fridhaff kucken, do gëtt grad immens vill ëmgesat, do entsteet grad immens vill Beweegung. An et ass esou, dass deem urspréngleche Site, op deem den Här Bauler uppillt, deem elo duerch en neie Site ersat gëtt ..., dee Site wär ausserhalb vun deem aktuelle Beräich gewiescht, wou Aktioun ass, dat heescht, op där anerer Säit nordöstlech vun dem Rond-point, an engem Landschaftsdeel, wou haut nach näischt ass, wou mer nach net ugefaangen hunn ze viabiliséieren. Soudass sech souwuel vum Landschaftsaspekt wéi awer och vun der urbanistescher Usicht, vun der Landesplanung, grouss Froe gestallt hunn, ob et net méiglech wär, dat wäertvollst Gutt, wat mer hunn, also Land, net méi wäit ze verbauen, net do erëm eng Öffnung ze maachen an e Raum, dee bis ewell esou nach net genotzt ass, an dat méi kompakt ze maachen. An duerfir hutt Der Recht, wann Der natierlech sot: „Deen neie Site, deem ass relativ direkt derbäi.“ Deen ass och um Friedhaff, mee en ass innerhalb vun deem, wou och haut scho viabiliséiert gëtt.

An dofir gouf et och an dësem Fall, well souwuel ekologesch wéi awer och planeresch Verbauelementer en cause waren, eng ganz proaktiv Approche tëschent der Landesplanung, dem Interieur - d'Inneministesch sëtzt och hei - an dem Environnement. Zesumme mam CGDIS gouf also en neie Site gesicht. Do ass ee sech elo souwäit och eens.

An natierlech, an dat ass dann Är zweet Fro, musse mer och do kucken, wéi eng Problemer sech am Beräich vum Naturschutz stellen. Mee mir sinn awer sécher, dass mer déi alleguerte surmontéiert kréien. Dat heescht, do wäert och net näischt musse geschéien am Beräich vu Kompenséierung an Ënnersichungen. Mee et ass awer vëlleg kloer, dat duerchleeft elo säi Prozess. An deem Terrain ass, op jidde Fall laut den éischten Analysen, déi elo gemaach goufen, natierlech vill méi apte. A mir kompaktéieren dat Ganzt. Et gëtt also net en neie Landschaftsdeel ugefaangen, wou mer nach flott Strukturelementer hunn, wou mer Onberéiertheet an där Hissicht nach hunn an engem neien Deel hannert dem Rond-point, mee dat gëtt no vir gezunn.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Dieschbourg.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 266 vum Här Sven Clement un den Här Minister fir sozial Sécherheet iwwert de Remboursement vun der Psychiatrie ..., nee, vun der Psychotherapie. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 266 du 9 décembre 2021 de M. Sven Clement relative au remboursement de la psychothérapie, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale**

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Et ass tatsächlech d'Psychotherapie an net d'Psychiatrie, iwwert déi mer schwätzen. Et geet nämlech drëm, datt schonn am Oktober an enger Heure de questions, fir genau ze sinn an der Fro Nummer 247, de Minister erkläert huet, datt d'Gespräicher tëscht Fapsylux an der CNS dann Enn November sollen ofgeschloss sinn, fir datt mer am Januar dann endlech, mat awer Jore Retard, géif ech elo soen, eng Eeneegung tëschent Fapsylux an der CNS fonnt hätten, déi et géif erlaben, fir d'Psychotherapien ze rembouriséieren.

Mir sinn eis alleguerte bewosst, datt d'Covidpandemie op d'Psych schléit, geschloen huet an der Vergaangenheet, mee och nach weider op d'Psych schléit. A mir gesinn d'Effekter all Dag ronderëm eis. Jiddwereen huet e bëssen d'Flemm. Och mir sëtzen éischter noutgedronge mat Mask hei. Mir géifen eis och léier un der Mimik vun deenen aneren ergëtzen an dat géif d'Gespräicher heiansdo méi einfach maachen.

■ **Une voix**.- Net ëmmer!

(*Hilarité*)

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Net ëmmer. Natierlech. Mee wat, mengen ech, wichteg ass, dat ass, datt mer de Leit och Perspektive bidden. Bon, ech wëll elo net weider dorobber agoen. Mir geet et wierklech hei drëm ..., et gouf eppes annoncéiert am Oktober, den November ass elo laanscht, dofir wollt ech vun dëser Plaz profitéieren, fir dann de Minister ze froen: Gouf et en Accord? Ass dat ofgeschloss? Ass et hei also zu deem Accord komm? Wann net, firwat net? Wat sinn déi nächst Demarchen? A wa jo, wat sinn dann déi nächst Demarchen?

Also, ech mengen, et ass e bëssen eng Suite vun enger Fro, déi hei schonn eng Kéier gestallt gouf, einfach, fir datt d'Chamber an och d'Effentlechkeet dobaussen au courant sinn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. Den Här Minister fir sozial Sécherheet huet d'Wuert, den Här Romain Schneider.

■ **M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale***.- Merci. Merci, Här President. Merci och dem Här Clement fir dës Fro, well et effektiv e Sujet ass, dee ganz vill Leit betrëfft. A mir hate richtegerweis, wéi gesot, am Oktober an der Froestonn opgrond vun enger Fro vum Nathalie Oberweis heiriwwer geschwat.

Ech muss och soen, datt dat, wat ech deemools gesot hunn an ugekënnegt hunn, och stattfonnt huet. Et war esou, datt effektiv am November, wéi ugekënnegt, eng ganz Rei Reunione waren, wou ee sech och wierklech méi no komm ass. An et sinn nach kleng Punkten, déi opstinn de Moment.

Dir hat d'Fro gestallt: „Ass et zu engem Accord komm?“ Do muss ech soen: Nee, bis elo ass nach kee komm, mee et gouf ee sech op ville Punkten an der Tëschenzäit eens. Et war geplangt, datt niewent den November-Reunione och sollten am Dezember Reunione sinn, fir effektiv ofzeschléissen. Dat huet leider opgrond vun den Agendae vun deenen zwee Partner net stattfonnt, soudatt am Januar elo nach Reunione ugesot ginn.

Ech muss awer soen, Dir kennt de Kader, wou de Minister kann intervenéieren, an och - a Gänseféi-

sercher - de „Message“, de politeschen, net nëmme vu mir, mee och vun heibannen, vun der Politik, deem e kann erausginn a soen: „Hei, et soll viru goen, et soll séier goen!“ Deen huet gehollef, well ech mengen, et goufe ganz schnell e ganze Koup Reunione ugesot. Et huet ee sech zesumme gesat, an de Klima war an der Rei - virun allem an deenen zwou Reunione am November -, an et war e konstruktiven. An ech mengen, d'Negociatiounen goufen däitlech virubruecht!

Et sinn nach dräi komplex Theemfelder bliwwen, déi elo nach eng Kéier a Reunione am Januar wäerte belicht ginn. Dat ass engersäits d'Lëscht vun de Pathologien. Dat ass generell dann nach eng Kéier: Wat sinn d'Konditiounen bei enger Verlängerung vu Seancen? An dat ass drëtzens dann och de Kader vum Projet pilote an d'Methodologie virun allem vu senger Evaluatioun, déi och en Thema ass, mengen ech, wou ee sech awer plus ou moins eens derbäi ass.

Wéi gesot, et si Reunione ugesot am Januar, an ech hoffen, datt déi och am Januar sinn. Et sinn der och nach am Februar ugesot, wou ech awer hoffen, datt se net gebraucht ginn, soudatt mer endlech un d'Enn kommen.

Da kommen d'Suitten hannendrun, wann deem Accord do ass. Parallell dozou ass d'Konventioun amgaang, ausgeschafft ze ginn, déi da kann ënnerschriwwen ginn a publizéiert ginn. Ech mengen, dat ass eng Saach, déi relativ séier geet.

Et ass esou, datt d'Statute kënnen ugepasst ginn, dat, nodeems, mengen ech, och d'Nomenclature getaagt huet, wat och séier geet. Do kann de Minister scho kucken, datt dee Punkt séier drop kënn. An ech mengen, mir brauche kee Gesetz heifir, mir brauche just e Reglement - ënner Gänseféisercher -, déi Prozedur ka relativ schnell lafen. Wann déi Bedéngungen erfëllt sinn, da kann dat lafen.

Ech hat deemools relativ sportlech gesot: „Ech hoffen, datt dat am Januar ka sinn.“ Ech ginn awer dovun aus, datt dat effektiv zäitno och wäert duerno goen.

Mir hunn op jidde Fall, mengen ech, an deene leschte Woche gutt geschafft. An ech mengen, d'Klima ass och gutt an d'Partner hunn zesumme fonnt. Ech hoffen, datt schnellstméiglech eng Eeneegung ka kommen. An de Minister - an och, mengen ech, deem zukünftege Minister - wäert seng Aufgab eescht huelen, fir och fir dee wichtegen Thema do e gudde Suivi ze maachen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools dem Här Minister fir sozial Sécherheet.

Da komme mer zur Fro Nummer 267 vun der Madamm Francine Closener un d'Madamm Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer iwwert den Indice d'égalité de genre 2021. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 267 du 9 décembre 2021 de Mme Francine Closener relative à l'Indice d'égalité de genre (« GEI ») 2021, adressée à Mme la Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes**

■ **Mme Francine Closener (*LSAP*)**.- Merci, Här President. Lëtzebuerg ass a puncto Gläichstellung vu Fraen a Männer an den Top 10 an Europa ukomm. Am Europäeschen Institut fir d'Egalitéit vu Fraen a Männer sengem rezenten Gender Equality Index huet sech Lëtzebuerg ëm zwou Plaze verbessert an ass elo op der nëngter Plaz an der Europäescher Union mat engem globalen Taux vun 72,4 Punkte vun 100 méiglechen.

Dat ass richtig gutt an och encourageant. Et gesäit een och d'Progression à long terme, well an deene leschten eelef Joer huet Lëtzebuerg do eelef Punkte bäigeluucht. An ech denken, dat ass ganz kloer d'Resultat vun enger konsequenter a volontaristescher Politik zugonschte vun der Gläichstellung hei zu Lëtzebuerg.

Allerdéngs, gëtt et nach Sputt, dat wësse mer alleguer, den Index weist et och ganz kloer, besonnesch wat d'Prise de décision ugeet, „Power“ heescht dat an den Indicateure vum Index. Et gëtt eeben nach net genuch Fraen op den Entscheidungsstellen zu Lëtzebuerg, weeder an der Economie nach an der Politik.

■ **Une voix**.- Richtig!

■ **Mme Francine Closener (*LSAP*)**.- An am Beräich Wirtschaft fale mer grad emol bei 37,5 vun 100 Punkten net grad gutt aus. An der Politik si mer bei 54,6 Punkte vun 100, wéi gesot.

Duerfir meng Fro un d'Ministesch: Wéi eng Konsequenzen zitt Dir aus dëse Resultater? Hutt Der wëlles, Äre Plan d'action national ze adaptéieren? Hutt Der wëlles, vläicht och méi contraignant Instrumenter anzeféieren, spréch Quoten, fir datt besonnesch um Niveau vun den Decisiounsgremien an de privaten Entreprises d'Gläichstellung Realitéit gëtt?

Gär gëtt sech jo och driwwer beklot, datt et anscheinend net genuch qualifizéiert an interesséiert

Frae fir d'Verwaltungsreit géif ginn. Wéi bewäert Der an deem Kontext dann de Female Board Pool? Deen huet jo eng Database mat de Profiller vun iwwer 700 Fraen, déi bereet sinn, a Verwaltungsreit ze goen, déi och déi néideg Kompetenze respektiv Erfahrung hunn.

A wat de Volet Politik ugeet, d'Walterminer vun 2023 réckelen alt méi no, ech mengen, d'Parteien sinn alleguerten hei amgaang, sech ëmzekucken no Kandidatinnen a Kandidaten. Sinn an deem Kontext, Madamm Minister, nei Initiative vun Ärer Säit an der Maach?

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Closener. D'Madamm Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer huet d'Wuert, d'Madamm Taina Bofferding.

■ **Mme Taina Bofferding, *Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes***.- Här President, effektiv ass Lëtzebuerg dat Land an Europa, wat an deene leschte Jore déi meeschte Fortschreiter gemaach huet. Dat ass effektiv eng gutt Noriicht.

Den Gender Equality Index weist awer och, wou effektiv nach Sputt no uewen ass. An d'Madamm Closener huet scho grad drop higewisen, dass et virun allem de Volet ass vun der Prise de décision - dorënner versti mer jo dann d'Economie an d'Politik -, an Dir hutt jo och schonn direkt Scoré matgeannt, wou ee gesäit, dass do effektiv nach relativ vill Sputt ass.

Gutt, wa mer elo d'Politik huelen, denke mer natierlech direkt elo un 2023, e Superwaljoer. Do si fir d'éischt emol d'Chamberswalen, wou dës Kéier da ganz déi nei Geschlechterquotereegelung wäert zielen. Do si mer da gespaant, ob alleguerten d'Parteien dat dann esou wäerten applizéieren.

Op alle Fall gesäit een, dass et awer effikass ass. Ëmmerhin sinn aktuell 21 vu 60 Deputéierte Fraen. An ech mengen, dass dat bis elo och deem héchsten Taux ass, deem et jeemools hei am Parlament ginn ass.

(*Interruption*)

Fir d'Gemengewalen, bon, do wësst Der, dass déi Quotereegelung net spillt. Dat soll awer net heeschen, dass mer eis do fir déi Gläichstellung verpflichten, dass derfir gesuergt gëtt, dass bei der Opstellung vun de Kandidatinnen an de Kandidaten eeben och deem Equiliber dee Moment assuréiert gëtt.

An hei hunn ech wëlles, och zesumme mat de Parteien, grad am Proporzsystem, eeben och ze kucken, dass mer eis do fir déi Gläichstellung verpflichten, dass derfir gesuergt gëtt, dass bei der Opstellung vun de Kandidatinnen an de Kandidaten eeben och deem Equiliber dee Moment assuréiert gëtt. Bei de Majorzgemenge sinn awer och nach weider Efforten néideg. Bon, do ass de System e bëssen en aneren, och eng aner Aerausfuderung. Mee ech mengen, och hei ass et wichteg, sech awer méi wéi doriwwer Gedanken ze maachen an eeben och konkreet Initiativen ze huelen.

An ech mengen, hei wär interessant, wann einfach emol géif gewise ginn: Wat bedeit dat als Fra, a vläicht als Mamm, an der Lokalpolitik aktiv ze ginn? Dat heescht, ech ka mer virstellen, hei mat esou Temoignagen ze funktionéieren. Ech hunn och do schonn e puer Leit gefrot, déi bereet wäeren, do ze hëllefen, fir eeben esou da méiglech Kandidatinnen ze mobiliséieren an ze inspiréieren, fir sech dee Moment an der Lokalpolitik ze engagéieren.

Ech ka mer och virstellen, dass d'Gemengen hei aktiv Initiative lancéieren an zum Beispill esou Porteouverten organiséieren, fir einfach emol ze weisen: Wat bedeit dat Mandat um lokale Plang? Wat ass vu mir als Conseillère gefuerdert? Wat muss ech als Buergermeeschtesch oder als Schäfte maachen? Wéi gesäit esou deem Alldag aus? Ech mengen, all déi Piste solle mer ustriewen, fir eeben esou d'Leit ze mobiliséieren, sech an der Lokalpolitik ze engagéieren.

An doniewent wësst Der jo och, dass am Interieur fläisseg un der Refonte vum Gemengegesetz geschafft gëtt, wou jo och gekuckt gëtt, dat wichteg Engagement nach méi attraktiv ze gestalten. Hei si jo d'Stéchwierder de Statut social, dee mer fir d'Elue wëllen aféieren, genau wéi och e Geste beim Congé politique ze maachen. Ech mengen, dat sinn alles wichteg Etappen, déi hëllefen, d'Leit ze mobiliséieren, sech an der Lokalpolitik ze engagéieren.

An natierlech mussen d'Gemengen awer och derfir suergen - iwwer Mentoring-Programmer, e Coaching beim Rekrutement -, och do d'Initiativen ze huelen. An do sti mir natierlech als „Mega“ och de Parteien zur Säit.

Ee Wuert awer nach vläicht fir ofzeschléissen zur Economie, boss hunn ech just iwwer Politik geschwat. Bon, mir hunn als Regierung kee Mandat, fir Quote bei den Entreprises anzeféieren. Ech mengen, mech och drun ze erënneren, dass keng Partei dat am Walprogramm hat. Mee vläicht ass dat jo dann eng Iddi fir 2023. Op alle Fall gëtt et bei eis





awer de Programm vun Actions positives. An net méi spéit wéi gëschter hu mer do nach den Award un zéng Entreprisë ginn, déi eeben en Aktiounsplang etabléieren an och elo ëmsetzen.

Mee wichteg ass natierlech och ze kucken, wat hei vu weideren Efforte muss gemaach ginn. An e Méindeg am EPSCO-Conseil hunn ech och nach eng Kéier ganz staark mech derfir engagéiert, dass déi Proposition directive „Women On Boards“ elo ënnert der franséischer Presidence weiderverhandelt soll ginn. Déi läit laang um Dësch, do ass net vill geschitt.

**(Brouhaha)**

Et wär natierlech ze wënschen, dass Lëtzebuerg do mat gudde Beispill virgeet a vläicht scho selwer Initiativen hält. Mee spéitstens da musse mer eis domadder auserneesetzen, wuel wëssend - an domadder wëll ech ofschléissen -, dass mer do als Regierung awer och aktiv kënnen Initiativen huele wéi bei den Établissement-publicken, do wende mer jo och eng Geschlechterquot un. An och hei gesäit een, dass dat duerhaus ...

**(Coups de cloche de la présidence)**

... seng Friichten dréit, well do hu mer en Taux vu 40,6 % bei der Vertriebung vum Staat. Voilà! Dëst gesot - eng gutt Noriicht! Mee effektiv, mir hunn nach esou munches ze maachen. An do sinn ech ganz zouversichtlech, dass mer dat packen. Mee wéi sou oft bei der Egalitéit si mer alleguerte gefuerdert, fir dass mer dann aus der Egalitéit eng Realitéit maachen.

Merci.

**(Brouhaha)**

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools der Madamm Ministesch fir Gläichstellung, Taina Bofferding.

An da komme mer zur Fro Nummer 268 vum Här Aly Kaes un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a landwirtschaftlech Entwécklung iwwert d'Vullegripp. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 268 du 9 décembre 2021 de M. Aly Kaes relative à la grippe aviaire, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

■ **M. Aly Kaes (CSV)**.- Merci, Här President. Viru gutt dräi Wochen hat den honorabelen Här Gusty Graas op dëser Tribün schonn eng Kéier d'Fro gestallt iwwert d'Vullegripp un den Här Landwirtschaftsminister, wéi d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg wier. Deemools waren eng ganz Rei Fäll an Europa detektéiert ginn. Deemools gouf awer kee Fall hei zu Lëtzebuerg festgestallt.

Mee d'Situatioun hei huet sech geännert. A mir hunn Enn November bei Wëllgänse kënnen de Virus respektiv d'Gripp noweisen. Och ass festgestallt ginn, zumindest laut mengen Informatiounen, datt ronderëm eis Grenze relativ vill Fäll bekannt sinn. Dat heescht, do huet d'Vullegripp ganz kloer zougehall.

**(Interruptions)**

Duerfir wollt ech gäre folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen: Wéi ass haut d'Situatioun? Sinn nach weider Fäll vu Vullegripp nogewise ginn? Wéi vill Tester si bis haut bei Wëllgefligel respektiv och bei Hausgefligel duerchgefouert ginn? Wat ass bis haut als Informatioun un d'Leit erausgaangen, respektiv och un déi, déi Gefligelproduktiounen hunn? An: Wéi ass et, wann Entwarnung eng Kéier ass? Gëtt dat dann och matgedeelt? Wann an engem Betrib e Fall festgestallt gëtt, datt eeben eng Vullegripp do ass, wéi ass de Radius wou dann all déi Betriber, déi an engem bestëmmte Radius leien, och gekeult ginn?

An da beim Fall vun de Fäll: Wéi ass d'Entscheidung, wann a sech gekeult muss ginn, net nëmme fir d'Keulung, net nëmme fir d'Déieren, mee och fir de Produktiounsausfall, dee sech ganz dacks iwwer Méint hinzitt?

Ech soe ganz kuerz: Wann een Eeër produzéiert an d'Hénger ginn all gekeult, dann dauert et sechs, siwen, aacht Méint - well déi Ställ musse jo och eidel stoe bleiwen -, ier een erëm ka liwweren. Domadder riskéiert een éischstens emol keng Produktioun ze hunn. Zweetens riskéiert een awer och, eng ganz Rei Clienten ze verléieren. An dat selwecht gëllt och bei der Pouletsproduktioun, wou am Duerchschnitt tëschent fënnef a sechs Produktiounen am Joer sinn. Do huet ee ganz schnell dräi, véier Produktiounen verluer, wou een erëm eng Kéier, wéi gesot, keng Produktioun huet an och riskéiert, Clienten ze verléieren.

Ech soe Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kaes. Den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung, den Här Romain Schneider huet d'Wuert.

■ **M. Romain Schneider, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural***.- Jo. Merci, Här President. Och merci dem Här Kaes fir

d'Fro, well effektiv: Wéi ech op déi Fro geäntwert hunn, wéi den honorabelen Deputéierte Gusty Graas mer se gestallt hat, dunh hate mer nach kee Fall vu Vullegripp hei zu Lëtzebuerg. Deemools, déi éischt Fäll, déi mer haten, dat war bis elo nach ëmmer an Hausgefligel gewiescht. 2017 an 2021, mengen ech, hu mer se effektiv festgestallt. Do, wou och allkéiers effektiv op Mäert am Ausland bei Hobbyziichter Gefligel agefouert gouf, war se punktuell do.

Hei ass et eng éischte Kéier, wou bei Réimech effektiv zwou esou Gänse fonnt gi sinn. Do, wou effektiv dann och, wéi se ënnersicht goufen, an dann och duerno ... Mir maachen ëmmer Prouwen hei zu Lëtzebuerg an dann duerno gi se nach op Bréissel geschéckt, fir dann och kënnge gepréift ze ginn. An effektiv si se hei positiv ënnersicht ginn. Dat op de Virustyp H5N1. Et ass déi éischte Kéier och hei zu Lëtzebuerg, datt mer effektiv bei Wëllgefligel d'Vullepescht festgestallt hunn.

Mir wëssen awer, datt ronderëm eis an eisen Nopeschlänner Däitschland, Belsch, Frankräich reegelméisseg esou Fäll optauchen. Gottseidank ware mer bis elo dervu verschount. Mir hunn dunn direkt, an ech mengen, Dir hat dat mat Sécherheet gesinn, den 29. November e Communiqué gemaach - dunh, wéi effektiv vu Bréissel constatéiert gi war, datt de Fall vun deenen zwou Gänsen zu Réimech positiv wier -, datt all d'Gefligelziichter sollten oppassen:

Jiddwereen, dee mat Gefligel a Kontakt ass an effektiv och do Produktioun huet, sollt engersäits opasse beim Nourrissage, anerersäits awer och kucken, datt effektiv d'Gefligel esou wäit wéi méiglech dobanne gehale gëtt. A wann et erausgeet, sollt et eng Protektioun kréie mat Fileten, sou wéi dat virgesinn ass, datt all d'Reegele vun der Biosecuritéit sollen agehale ginn. Ech mengen déi kennt Der. Et si ganz strikter, déi dann agehale musse ginn. Dat gëtt och, gouf och gemaach. Da sollt virun allem awer och gekuckt ginn, datt ee soll probéieren, Expositions avicoles de Moment net ze maachen, bis Enn des Joers op jidde Fall. An da géife mer d'Situatioun analyséieren.

An derniewent, an dat ass e Punkt, deen Der och gefrot hat: Wéi gesäit et de Moment aus? De Moment hu mer keen neie Fall méi gehat. Ausser deenen zwou Gänsen ass bis elo kee Gefligel ofgeliiwwert ginn. Et ginn der reegelméisseg ofgeliiwert. Ech kann lech elo net genau d'Zuele soen, do muss ech nofroen, wivill Tester mer maachen. Mee wa mer esou Tester kréien, ginn se direkt vum Veterinärlabo ënnersicht. A wann dann eng Positiv-Suspicioun besteet, gi se op Bréissel geschéckt.

Mee bis elo krute mer keng neier. Mir maachen awer, grad an deem Gebitt, wou se festgestallt goufen, e konkrete Monitoring. Dee Monitoring gëtt och zesumme mat der Naturverwaltung gemaach, mat där mer do och en Accord hunn. Duerno dann ass et effektiv d'Veterinärsinspektioun, déi d'Gefligel ofhëlt. Well mir hunn an deem Communiqué och geroden ... Engersäits ass et jo kloer, datt d'Vullegripp net kann duerch de Verzeer vu Fleesch oder vun Eeër iwwergoen. Dat ass kloer. Mee et soll een awer oppassen, fir esou doudegt Gefligel unzepaken. Hei soll een all d'Precautiounen huelen. Hei war et nach ni e Fall, mee et kann een ni ausschléissen, datt och do eng Kéier esou eng Krankheet op de Mënsch iwwergräift. Mir suivéieren dat also ganz enk.

Dann de Schluss vläicht: dat mat dem Ausbezuelen. Ech mengen et ass esou: Wat ass de Perimeter? Dee Perimeter gëtt an deem Moment festgeluecht zesumme mat den EU-Gremien, déi dann op d'Plaz kommen. Genau eigentlech wéi bei der Wëllschwäipescht. Och do gëtt dann de Radius festgehalen an an deem Radius, wou et méi markant ass, mussen effektiv déi Déieren och gekeult ginn. Dat ass esou.

An da gëtt gekuckt, op Basis vun deem: Wat sinn d'Dommagen, déi bezuelt ginn? Net nëmmen, wéi Der sot, op den Déieren, mee do gëtt et ganze Plang gemaach. An do gëtt bei all eenzele Betrib gekuckt, wat säin Ausfall ass. Dat kann een, wéi bei den Haus... Déi Leit, déi elo déi Hénger siche waren an d'Ausland, do ass dat e klengen ..., dat waren 20 Hénger. Dat ass eng Indemnisation vun 20-mol esou vill. Mee hei, wou et effektiv eng gréisser Produktioun ass, muss ee selbstverständlech déi Ketten hannendrun och beschaffen. An effektiv am A behalen, well dat gehéiert derzou, zu engem Ganzen.

Also wéi gesot, de Moment hate mer zwee Fäll. Et si keng neier méi gemellt ginn zënter dem 29. November. Dat stëmmt mech positiv. Mee d'Vullegripp ass generell an Europa ënnerwee a mir sinn och hei keng Insel. A Lëtzebuerg wäert mat Sécherheet, géif ech och mengen, iergendwann an deenen nächste Méint och nach eng Kéier beträff sinn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Här Landwirtschaftsminister Romain Schneider.

An da komme mer zur Fro Nummer 269 vum Här Marc Hansen un den Här Minister fir d'sozial Sé-

cherheet iwwert déi rezent Kontrovers ëm de Fonctionnement vum eSanté-Environnement. Här Marc Hansen, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n° 269 du 9 décembre 2021 de M. Marc Hansen relative à la récente controverse autour du fonctionnement de l'environnement eSanté, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale**

■ **M. Marc Hansen (*déi gréng*)**.- Här President, den 23. November hunn ech eng schrëftlech Fro gestallt iwwert d'Digitaliséierung vu Gesondheitsdonnéeën.

D'lescht Woch gouf et als Reaktioun deelweis ganz schaarf Reproché vun Dysfonctionnement an Intransparenz vusäite vun der AMMD un déi zoustänneg Agence eSanté. Dat ass en neie Moment.

D'Datesécherheet, d'Transparenz an d'Notzerfrëndlechheet si fir mech a meng Fraktioun déi essenziell Facteuren, no deenen den ëffentlechen Optrag vun der eSanté sech muss riichten. Et ass wichteg, dass d'Vertrauen an d'Digitaliséierung vum Gesondheitssystem net zum Kollateralschued vun der aktueller Diskussioun gëtt.

Fir eis priméiert d'Datesécherheet an hir Verwaltung an d'Kontroll duerch déi ëffentlech Hand virum „tout digital“, ouni ze wësse wéi sécher d'Servicer sinn. Ausserdeem ass eng effikass an transparent ëffentlech Gestiouen am Beräich vun der E-Santé bonesnesch wichteg, well et hei gläichzäitig ëm ganz vill Suen an och ëm ganz sensibel Donnéeë geet.

Duerfir profitéieren ech gäre vun der Geleeënheet vun haut, fir dem Här Minister eng Rei Froen ze stellen.

Fir d'éischt eng allgemeng: Wat see de Minister zu de Virwërf, déi zanter leschter Woch am Raum stinn?

2010 stoung am Gesetz e kloren ëffentlechen Optrag un d'eSanté, fir en informatesche System fir Gesondheitsdonnéeën op d'Been ze stellen. Haut hu mer schonn zwou Applikatiounen an et gesäit aus, wéi wann et eventuell zu enger Multiplikatioun vun den Acteuren am Beräich vun der E-Santé géif kommen.

Dozou e puer Froen: Wéi wierkt sech dës Multiplikatioun op d'Sécherheet aus? Wéi een Zougrëff hunn déi privat Acteure beziungsweis huet d'eSanté selwer op d'Donnéeën?

**(Interruptions)**

Wär et net besser, d'eSanté géif selwer déi néideg Plattform a Servicer entwéckelen a bedreiwen?

Schlussendlech eng Fro zu der Attraktivitéit vun der CNS-App: D'lescht Woch ass kritiséiert ginn, dass dës keng elektronesch Signature hätt, an dass d'App vum Privatubidder esou eng hätt. Stëmmt et, dass d'CNS-App keng Signature huet? Brauch et iwwerhaupt eng elektronesch Signature, fir déi Servicer mat der eSanté ze garantéieren? A schlussendlech: Ass déi elektronesch Signature vun der privater App konform zu de Sécherheetsstandarde vun der eSanté?

Ech soe villmools Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Hansen. Den Här Minister fir sozial Sécherheet, den Här Romain Schneider, huet d'Wuert.

**(Brouhaha et coup de cloche de la présidence)**

Hei, wannechgelift, e bësse méi roueg! Et rabbelt e bëssen esou an allen Ecker.

■ **Une voix**.- O!

**(Hilarité et interruptions)**

■ **M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale***.- Här President, de Kleeschen ass laanscht. Well do hunn se dat gesongen, d'Kanner.

**(Hilarité)**

Här President, merci och dem Här Hansen fir dës Froen.

Bon, fir d'éischt vläicht, ier ech op déi eenzel Froen äntweren: Mir wäerten a verschiddene Beräicher nach méi detailléiert äntweren. Ech mengen, Dir hutt och eng Question écrite gemaach, op déi mer amgaang sinn, d'Äntwert ze preparéieren. Do si verschidden Äntwerten, déi méi prezis sinn. Mee et ass awer esou, datt de Kontext vläicht awer wichteg ass.

Ech mengen, mir wëllen - an dat ass och an dësem Haus an Diskussiounen schonn a Kommissiounen erausgaangen - mat allen Haptacteuren, der CNS, der Agence eSanté an och der AMMD, wat jo och natierlech e wichtige Player doranner ass, d'Digitalisatioun am Gesondheetssecteur virundreiwen an dat am Sënn, mengen ech, vun den Assuréen an och vun de Prestatairen.

Dobäi ass, mengen ech, déi finanziell Prise en charge vun de Mémoires d'honoraires vun den Dokteren, wat mer jo och hei schonn auserneegeluecht hunn, en zentrale Punkt vun der Digitalisatioun, wou den Deel CNS dann direkt géif iwwerholl ginn an dann natierlech den Deel vun de Patiente just déi Participatioun personnelle wier. Dat ass ee vun de

wichtige Punkten aus der Digitalisatioun aus deem ganze Prozess.

Fir dëst ëmzesetzen - mengen ech, ass et awer och kloer -, goufen Echangen zwëschent der CNS an der AMMD gefouert. Dobäi ass och de Prinzip vun enger App zrëckbehale ginn. Déi zoustänneg Acteuren, engersäits d'CNS an d'Agence eSanté - ech kommen herno nach op d'Agence eSanté kuerz zrëck -, awer och d'AMMD, hu sech zesumme gesat, fir dat ëmzesetzen. Dobäi ass ze erwänen, datt déi DHN-App, déi do ass, vun der AMMD gegrënnt ginn ass. Dat soll een och eng Kéier rappelléieren.

Ech wëll awer och kloerstellen - dat war ee vun Äre Punkten -, datt den Dateschutz vun den Donnéeën, déi natierlech virun allem an dësem Beräich ganz sensibel sinn, eng absolutt Prioritéit duerstellt. An et sollten och dobäi déi verschidden Acteuren an hire jeeeweilege Kompetenzberäicher zesummeschaffen, fir komplementar zuenee och Synergien opzebauen, fir eeben d'Digitalisatioun am Interess i vun den Assuréen och virun ze beschleunegen.

De Kader gouf also kloer gestallt. Allerdéngs gouf en awer ëmmer erëm méi erweidert. Dat ass och ee vun de Punkten: Mir hu kleng ugefaangen an de Kader gouf ëmmer erweidert. Do hu sech och ëmmer méi Froen gestallt an ech mengen, déi Froen, déi och hei den Deputéierte Marc Hansen stellt, sinn zu Recht gestallt, well déi musse mer effektiv beäntwerten. Do musse mer e gudde Kader hunn, fir dat kënnen ze maachen a wéi gesot, ech ginn en Deel vun den Äntwerte méi prezis an der Question parlementaire och nach zrëck.

Eppes ass awer och kloer: Mir musse preziséieren, datt de ganzen Univers vun der Agence eSanté duerch den Zougang geséichert ass - dat ass ganz kloer -, deen op Luxtrust baséiert ass. Dat gëllt souwuel fir d'Prestatairé wéi op där anerer Säit fir d'Assuréen. A wat d'CNS-App ubelaangt, sou baséiert déi technesch op deem, wat zesumme mat der AMMD ausgeschafft gëtt. Den Zougang ass just méiglech, wann d'Prestatairen an och d'Assuréen en DSP-Konto hunn. Dat, mengen ech, ass ee vun de Lienen, deen Der kennt.

A fir méi an Detailer kënnen ze kréien, och iwwert déi ganz Entwécklung, hu mir zwee Ministeren - well Dir wësst, d'Agence eSanté steet ënnert der Tutelle vun Ministère de la Santé, awer och vun der Sécurité sociale duerch eeben d'Participatioun vun der CNS un deem ganze Budget - eng Analys beim CTIE an Optrag ginn, dee mer gefrot hunn, eng extern technesch Analys zu dësem Dossier ze maachen. Parallell huet och den CA vun der CNS esou enger externer Firma en Optrag ginn, fir och hei déi spezifesch Besoine vun der CNS kënnen ze beliichten an och ze kucken, ob do alles berücksichtegt ginn ass.

Déi zwou Analyse lafen. Do wäerte mer an deenen nächste Wochen e Resultat kréien. An da wäerte mer dat selbstverständlech analyséieren. Et ass och dat, wat mer leschte Freideg an engem Communiqué kommunikéiert hunn no bausse.

Eppes ass awer och kloer: Zu dem Deel vun deene méi poleemeschen - fannen ech - Accusatiounen, déi vun der AMMD gemaach goufen, virun allem a Bezuch op d'Agence eSanté, wëll ech och kloer soen, datt d'Regierung ganz kloer zu der Agence eSanté steet. Et ass e wichtegt Instrument, dat mer hunn, dat och an enger Ulafzäit sech gutt opgestallt huet, mat allen Acteuren, déi jo och am Prinzip am Comité de gérance do sëtzen.

An ech mengen, et ass och nëmmen esou, iwwer eng gestärkten Agence eSanté, déi een natierlech kann ajustéieren op verschiddene Beräicher - do sinn ech sécher -, wéi ee kann de Wee maachen. An do, mengen ech, ass se och am beschten opgehuewen, fir d'Echangen, awer och d'Späicherung vun de Gesondheitsdonnéeën ze erméiglechen. An dat virun allem do, wou den Dateschutz och déi héchste Sécherheetsstandarden huet.

Also d'Agence eSanté wäert och an Zukunft, mengen ech, en zentralen Acteur sinn am Beräich vun där ganzer Digitalisatioun vum Gesondheitswiesen, vum ganze Beräich vun der E-Santé, wéi mer dat eigentlech nennen.

An ech mengen, et gëllt hei virun allem, datt all d'Acteuren déi néideg Sécherheetsstandarde respektéieren a virun allem ass et mer awer wichteg, datt dat Ganzt an enger konstruktiver Zesummenaarbecht och virugeet. Ech weess, datt an deene viregten Deeg och Entrevü waren an deenen eenzele Gremien, an deenen eenzelen CAen. Do waren déi Debatten. Déi sinn ugeschwat ginn, ganz kloer. An ech mengen, de Moment gëtt dat iwwerschafft an op Basis och vun deenen externen Analysen, déi mer ugefrot hunn, wäerte mer dann déi néideg Agencementen maache respektiv déi néideg Korrektiounen maachen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Här Minister fir sozial Sécherheet, Romain Schneider.

An da komme mer zur Fro Nummer 270 vum Här Serge Wilmes un den Här Minister fir Mëttelestand





iwwert de wirtschaftlechen Impakt vun de Manifestatioune vum leschte Samschdeg op d'Forainen an op d'Geschäftsleit an der Stad. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

*(Interruptions)*

- **Question n° 270 du 9 décembre 2021 de M. Serge Wilmes relative aux suites économiques des manifestations de samedi dernier dans la ville de Luxembourg pour les forains et les commerçants de la capitale, adressée à M. le Ministre des Classes moyennes**

■ **M. Serge Wilmes (CSV).**- Villmools merci, Här President, ...

*(Interruptions)*

... mir si lo matzen an der Chrëscht dagszäit. Et ass natierlech mat déi wichtegst Zäit am Joer fir de gesamte Commerce, den Horeca-Secteur an natierlech och déi vill Forainen op den eenzele Chrëscht-maërt uechtert d'ganzt Land. Net nëmmen natierlech hei an der Stad. Meng Fro betrëfft wierklech och d'ganzt Land.

Dat ass also eng Zäit, déi fir si ganz wichteg ass. Elo si mer awer schonn nees e Joer an der Corona-zäit, an der Coronakris weider dra gewiescht. D'lescht Joer ëm dës Zäit si mer lues a lues duergaangen op en zweete Lockdown, dee komm ass fir d'Geschäfte an nach vill méi e laangen dann och fir den Horeca-Secteur, dee jo huet mussen zoumaache bis dëst Joer am Abrëll. Dat heescht, mir waren an enger Zäit, déi hanner ons läit an déi scho ganz schwéier war. Dës Regierung an och vill Gemengen hunn natierlech alles versicht, fir deem Sektour och zur Säit ze stoe mat allméiglechen Hëllef. Ganz besonnesch Dir jo och als Mëttelstandsminister.

Elo kënn awer nach derbäi, ee Joer duerno, datt elo duerch déi Evenementer, déi leschte Samschdeg hei an der Stad waren an déi extreem bedauerlech a jo och inakzeptabel sinn, eng Angscht besteet an och erëm e konkreeten Impakt natierlech, well besonnesch d'Forainen d'Diere vun hire Geschäfte eng Zäit hu mussen zoumaachen. An dofir och meng Fro un lech.

Éischtens, allgemeng: Wéi schätzt Der elo d'Situatioun vum Commerce a vum Horeca-Secteur an och déi vun de Forainen allgemeng an, nodeems mer elo scho bal 20 Méint an där Coronakris dra sinn?

An awer och spezifesch, ob d'Forainen, déi jo wierklech extreem vun deene grouse Momenter an engem Joer ofhänken, niewent deene ville Kiermesen, enger Schueberfouer, déi awer alleguerten net esou waren, déi soss ëmmer waren a ganz besonnesch an der Chrëschtzäit, elo mat deenen Onrouen, déi och nach bestinn, mat där Angscht, datt dat sech och dese Weekend erëm eng Kéier kéint widerhuelen, och wann alles gemaach gëtt, datt et sech net soll widerhuelen ... Ass do virgesinn oder wäert Dir och do disposéiert, fir dann och hinnen nach besonnesch zur Säit ze stoe mat eventuell enger zousätzlecher Hëllef?

An deelt Der eeben och déi Meenung, datt dat wierklech fir si och en Impakt schonn hat an och nach wäert riskéieren, weider ze hunn?

Merci.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wilmes. Den Här Mëttelstandsminister Lex Delles huet d'Wuert.

■ **M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes.**- Merci villmools, Här President. Merci villmools och fir déi Froen. Eng generell Appreciatioun am Moment ass natierlech, genau esou wéi Der gesot hutt, Här Wilmes, dass mer an enger Zäit sinn, déi ganz wichteg ass, ganz wichteg fir de Commerce. Mir si matzen am Chrëschtgeschäft, wou et dann och ganz wichteg ass, dass mer hei kënnen sou gutt wéi méiglech fonctionéieren.

Op där anerer Säit ass natierlech den Horeca, dee ganz staark betraff ass, besonnesch mat der Situatioun, wéi se am Moment ass. Et gesäit een, dass am Ausland ëmmer méi Fermeturen kommen, dass ëmmer méi Onsécherheet besteet. An dat ass natierlech Gëft fir de ganze Sektour. Ganz vill Chrëschtfeiere ginn ofgesot. Op där anerer Säit gesäit een awer och nach, dass eng Rëtsch vu Chrëschtfeieren am Moment nach fonctionéieren. Da gëtt ganz oft en 2G+ zum Beispill op fräiwëlleger Basis gemaach. Also et gesäit een, dass et nach Méiglechkeete gëtt.

D'nämmlecht awer och dee ganzen Evenementiel, deen eng ganz schwierig Zäit huet. Et huet ee gesinn, dass et eng gewësse Reprise gouf, d'nämmlecht wéi am Horeca. Säit August, September gesäit een, dass et eng Reprise gouf, déi awer natierlech elo ganz staark an abrupt ënnerbrach ass mat der Situatioun, an där mer eis am Moment befannen.

Fir d'Forainen ass et natierlech eng ganz aner Situatioun. Wann ee vu Foraine schwätzt, schwätzt ee vun enger Panoplie vu verschiddene Forainen. Ech

brauch lech natierlech als Stater Schaffen an dem Här Mosar natierlech och net ze erklären, wéi schwierig et ass, wann et keng Schueberfouer gëtt, well et ganz vill Foraine gëtt, déi eng Aktivitéit hunn a wann déi natierlech, esou wéi et dëst Joer war, ofgesot gëtt respektiv an engem méi klengen Kader fonctionéiert, dann eng ganz Rëtsch u Forainen net kënnen an där Aart a Weis matschaffen oder hire Commerce bedriewen, wéi se dat eebe gewinnt waren.

Dofir huet natierlech d'Chamber och ..., wou verschidde Projet-de-loien deposéiert gi sinn, fir Aidë kënnen de Forainen auszebezuelen, wou et ëmmer erëm Upassung gouf extra fir d'Forainen, spezifesch fir d'Forainen. Well de grouse Problem, wéi Der jo wësst, bei der Aide coûts non couverts, d'nämmlecht wéi bei der Aide relance, ass, dass een ëmmer eng Perte vum Chiffre d'affaires par rapport zu engem Mount vum Joer 2019 muss hunn. An dat bei engem Forain, deen awer just fënnef sechs Wochen och wierklech e Cash-in huet.

Net dass se déi aner Zäit näischt schaffen, mee si verdéngen dee Moment keng Suen. Si preparéiere während Méint a Méint eng Schueberfouer zum Beispill, wou se natierlech keng Suen erakréien an dann natierlech och déi Méint keng Recettë kënnen hunn, also och keng Pertë kënnen hunn. Dofir ass och do dat Gesetz jo ëmmer erëm ugepasst ginn an et sinn do och ëmmer erëm spezifesch Régime-d'aïden en place gesat gi fir d'Forainen, déi Problemer hunn. Dat zu der genereller Appreciatioun.

Dir hutt vun der Angscht geschwat, déi vläicht verschidde Leit hunn, fir an d'Stad ze kommen. Ech mengen, grad dofir war et sou wichteg, dass och de Moien nach eng Kéier déi Pressekonferenz vun der Stad Lëtzebuerg - ech mengen, d'Buergermeeschtesch war mat derbäi -, d'nämmlecht wéi awer och vum Policeminister gemaach ginn ass, fir nach eng Kéier genau ze erklären, wéi d'Reegele vun der Manifestatioun de nächste Weekend sinn. Natierlech kënnen déi Manifestatiounen, déi ee ganz, ganz staark muss kritiséieren, net esou sinn, well nämlech all dat dote Repercussioune sinn.

D'Forainen hunn elo opgebaut. Do ass en Deel vun de Stänn vun de Forainen zerstéiert ginn. Do ass en Deel vum Chiffre d'affaires, deen deen Dag sollt gemaach ginn, deen net konnt realiséiert ginn. Dat si ganz schwéier Momenter. Besonnesch eeben, wann een aus där Zäit kënnt, aus där ee kënnt. Negativ Repercussioune huet dat natierlech och op de Commerce an der Stad an hei schwätze mer dann elo just vum Stater Commerce. Well natierlech och Leit sech d'Fro stellen, ob se iwwerhaupt nach an d'Stad komme bei deene Saachen.

Mee ech mengen, dass och haut de Moien dorop geäntwert ginn ass, dass eng ganz staark Policepresenz wäert de Weekend sinn, soudass een also kann an aller Sécherheet bei de Commerçant goen, wou och ëmmer am Land.

Dann hutt Der no speziellen Aidë gefrot. Nee, de European Framework gesäit am Moment natierlech net vir, dass ee ka speziell Aidë bei esou Saachen en place setzen. Déi eenzeg Méiglechkeet, déi et do gëtt, ass natierlech wann eng Gemeng - an ech mengen, dat ass dann an deem heite Fall, wou d'Fro gestallt ginn ass - wëllt op de Wee goen, speziell Aiden heiriwwer ze bezuelen, da kann se dat iwwert de minimis maachen. Sou wéi och d'Stad Lëtzebuerg zum Beispill schonn, d'nämmlecht wéi eng ganz Rëtsch aner Gemenge während där Kris, hei eenzel Aiden un d'Commerçanten oder un d'Restaurantsbetriber ausbezuelt hunn. Dat ass dann och méiglech iwwert de minimis, woubäi mer natierlech just froen, och wéi deene leschten Aiden: Wann eng Gemeng esou eppes wëllt maachen, soll se natierlech Bescheed ginn, well do e Register vum minimis gefouert gëtt.

Merci villmools.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, dem Här Mëttelstandsminister Lex Delles.

**3. Question élargie n° 122 de M. Laurent Mosar au sujet des entités proposant des services financiers**

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 122 vum Här Laurent Mosar iwwert d'Strukturen, déi finanziell Servicer ubidden. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro ze stellen an no der Äntwert vum Minister eventuell nach eng Zousazfro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo. Merci, Här President. Léif Kolleeinnen a Kolleeen, déi e bësse komplizéiert formuléiert Question élargie ...

*(Interruptions)*

... huet awer eigentlech e ganz einfache Sujet. Et geet nämlech hei ëm déi ominéis Affär OneCoin, déi jo scho weltwäit an och hei zu Lëtzebuerg fir gewësse Welle gesuergt huet.

Ech wëll och direkt soen, datt wann een sech e bësselchen iwwert déi Affär do informéiert, huet déi net direkt Lienen hei op Lëtzebuerg. Si huet awer eng Rei indirekt Ramifikatiounen an deem Sënn, datt notament deen een oder deen anere Staatsbürger mat enger Lëtzebuergesche Pass fir déi Gesellschaft aktiv war an och nach aktiv ass.

Et schéngt och esou ze sinn, wann een do Presseberichte ka gleewen, datt och eng ganz Rei Bierger, déi hir Residence hei zu Lëtzebuerg hunn, Affär vun deene gelungene Praxisse vun där Gesellschaft gi sinn. Do schéngt och e relativ appreciable Montant am Spill ze sinn, soudatt datt dat awer eng Saach ass, déi een net total sollt aus den Ae verléieren.

Ech wollt elo haut de Mëtten net weider op déi doten Aspekter agoen, mee éischer op déi méi generell Aspekter vun de Kryptowärungen. An do muss een einfach wëssen, datt déi Kryptowärungen ëmmer méi amgaange sinn, ze dénge fir allméiglecht Wäisswäsche vu Suen.

An ech wollt och an deem Kontext notament op de Rapport vun der Europol agoen. Deen ass dës Woch erauskomm. Dee warnt justement virdrun, datt déi dote Kryptowärungen elo am Moment eent vun den Haaptinstrumenter wieren, fir Blanchiment ze maachen, an ass eigentlech och eng Opfuerderung un all d'Regierungen, och un d'Europäesch Unioun, fir do eppes ze ënnerhuelen, fir kënnen och géint déi doten Zort vu Wäisswäsche vu Sue virzegoen.

Ech hunn och gesinn, an dat ass nawell net oninteressant: Am Bilan vun der Cellule de renseignement financier fir d'Joren 2016 an 2017 si relativ vill Fäll opgeléicht ginn, déi mam sougenannten Darknet - an den Darknet, dat si jo och zum groussen Deel Kryptowärungen - ze dinn hunn. Dat heescht, och hei zu Lëtzebuerg schéngen awer - kommt, mir soen emol - esou Strukturen en place gesat ze ginn, déi iwwer Kryptowärungen ginn.

Ech hunn och constatéiert, datt d'CSSF an där Saach OneCoin eigentlech och eng Warnung gemaach hat. Si hat déi ganz fréizäiteg gemaach. Ech muss och soen: Dat ass eppes, wat ech äusserst begrëissen. D'Fro ass awer, wat genau d'Kompetenzen och do vun enger CSSF an iwwerhaupt vun enger Regulationsadministratioun kënnen sinn. An ech wollt lech an deem Kontext eng Rei vu Froen stellen, Här Finanzminister.

Déi Éischt ass natierlech déi, ze wëssen, ob wierklech déi Affär OneCoin keng aner Konsequenze fir d'Land huet wéi déi, déi ech och elo opgezielt hunn. Also nëmmen indirekter.

Zweet Fro: Ass lech bekannt, och als Finanzminister, datt et aner, änlech gelagert Affäre gëtt, och mat Kryptowärungen, bei deenen dann hei méi Ramifikatiounen zu Lëtzebuerg wieren?

Drëttens: Ginn déi Moyenen, déi d'CSSF huet, fir och an esou engem Fall ze intervenéieren - dat ass an deem Fall wéi gesot mat enger Warnung geschitt - Ärer Meenung no duer oder misst een net awer vläicht driwwer nodenken, ob een déi Instrumenter, déi wéi gesot der CSSF zur Verfügung stinn, eventuell nach soll verstärken?

Véiert Fro: Wat ass eigentlech virgesinn um Niveau vun der Europäescher Unioun - an ech hunn de Rapport Europol hei zitéiert -, fir awer relativ schnell géint déi doten Zort vu Kriminalitéit virzegoen?

Fënneft Fro an déi huet dee selwechten Objet: Ginn eventuell och Moosnamen um Niveau vun der OECD an d'A gefaasst? An dann natierlech och: Wat hu mir hei zu Lëtzebuerg eventuell doniewent och vir, fir géint déi doten Zort vu Kriminalitéit virzegoen?

An dann eng lescht Fro, déi elo manner mat der Kriminalitéit ze dinn huet, eng Fro déi ech och schonn e puermol hei opgeworf hunn: Si mir och sécher a gëtt do och alles gemaach, datt d'Benefisser, déi hei am Land vu Lëtzebuergesche Residenten iwwert de Wee vu Kryptowärungen gemaach ginn, och normal besteiert ginn?

Ech soen lech Merci fir Är Äntwerten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, et ass ëmmer spannend mat de Froen vum Deputéierte Mosar, well ech kréien eng Question d'urgence an da kréien ech Examensfroen. Ech hunn der haut sechs Stéck kritt.

*(Hilarité)*

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Entschëllegt, Här Minister, et ass eng ... Dir sot ëmmer, ech géif lech Question-urgentë stellen. Et ass eng ganz normal Question élargie, ...

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo. Et ass guer kee Problem.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- ... déi ech scho virun e puer Woche gestallt hunn. Dat wollt ech awer preziséieren.

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Dir sot ech géif lech ëmmer ...

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, nee, ...

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- ... iwwerraschen, Här Minister. Dat géif mer wierklech guer net an de Kapp kommen.

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Ma nee, ...

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Déi Fro ass scho méi laang ...

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- ... ma nee, ...

*(Hilarité générale)*

... neen, neen.

*(Hilarité et brouhaha)*

Nee, ech sinn och ganz frou, op déi Questionioun élargie ze äntweren. An da kommen ëmmer nach Niewefroen. Bon, ech komme mer dann net vir wéi an engem Examen, mee wéi an engem Oral.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Voilà!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Et ass guer net schlëmm.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Ma fir déi, déi gutt matschaffen ...

*(Hilarité)*

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Ech hoffen. Ech hoffen.

Also éischters: Dat si ganz seriö Froen. Also ech hunn hei mat e bëssen Humor ugefaangen, mee dat si ganz seriö Froen, déi sech stellen. An Dir hutt selwer zu der Affär OneCoin gesot, dass dat natierlech eppes ass, wat wäit iwwer Lëtzebuerg ewech geet. A mir sinn do relativ indirekt - Dir hutt et selwer gesot - impaktéiert.

Vläicht awer fir déi dote Saach, déi doten Affär an anerer, déi muer kënnen opkommen, an och méi generell: Wat geschitt bei esou Saachen? Majo, wat bei esou Saache geschitt, ass, dass wann eppes Kriminelles oder Deliktuelles geschitt, da gi verschidden Acteuren alertéiert oder si gesinn dat.

Eng Activité financière zu Lëtzebuerg däerf nëmmen ausgeübt ginn, wann een eng Lizenz huet a vun der CSSF agréiert ass. Dat war am Fall vun OneCoin net de Fall.

An dat erkläert, firwat d'CSSF 2017 schonn eng Alert gemaach huet, eng Warnung gemaach huet. Si huet gesot: „Passt op! Déi doten, déi kenne mir net. Déi si bei eis net registréiert. Déi hu keng Lizenz. Déi dierften am Fong geholl dat doten net ubidden.“ Méi kann natierlech eng CSSF net maachen!

Da sinn d'Leit gewarnt. Se falen awer drop eran. Dofir: Dass do verschidde Leit lichtgleeweg waren an do Suen investéiert hunn op hiren eegene Risk, ass natierlech schued fir si, mee méi wéi eng Warnung kann een net maachen.

Dat ganzt lant natierlech vu vir eran, virun deem, dass iwwerhaupt vläicht souguer Gerichtsaffären zu Lëtzebuerg ustinn, viru Gericht. Mir sinn am Domaine pénal: Do gëtt e Gesetzter, do gëtt et Amen-den. Dat alles gëtt natierlech da vum Parquet poursuivéiert.

An dat ass amgaangen ze geschéien. Ech soen lech dat generell. Ech weess jo net, wat fir Affären elo wierklech konkret do lafen, mee ech ginn dovunner aus, dass d'Victimmen natierlech do Plaintë gemaach hunn an dat gëtt da verfollegt.

Dir hutt och d'Fro - Dir hutt se haut elo net esou richtig gestallt, mee déi stoung an der Question élargie - vun der Reputatioun vu Lëtzebuerg ugeschwat. Et ass natierlech ëmmer schlecht, wann ee kann e klengen Lien, e klengen Feil op Lëtzebuerg maachen. Ech hunn och an der Commission des finances d'lescht Woch oder virlescht Woch an der Saach „Wat ass den Impakt vu Pandora's Box op Lëtzebuerg?“ lech alleguerten erkläert: en fait ganz, ganz weëneg. Mee mir sinn eng international Finanzplaz. An do lafen ëmmer, de près ou de loin, Fluxen duerch Lëtzebuerg oder et ass emol eng Gesellschaft, déi e Sëtz hei huet. Bref, da musse mer och bereet sinn, dorop ze äntweren.

Ech mengen, d'CSSF huet hei éischters - an da kommen ech op Är sechs Froen ze schwätzen -, hir Aarbecht gemaach. Si huet dat fréi erkannt an dat fréi gemellt. Wann dann elo Lëtzebuergesch Individuen, Persounen an där Firma schaffen oder do e Lien domadder hunn - hiren eenzege Lien zu Lëtzebuerg, dat ass, dass se déi Nationalitéit hunn! - a wa se da Saache maachen, déi kriminell verfolgebar sinn, da gi se poursuivéiert, zu Lëtzebuerg oder soss an der Welt, wou se da sinn.

Ech kann lech confirméieren op Är éischt Fro, ech gesinn do nëmmen indirekt Liene mat Lëtzebuerg an déi gi penal verfollegt. An d'CSSF huet hir Aarbecht gemaach.





Gëtt et aner Affäre vu Cryptomonnaïen? Ech kann lech do net konkreet Jo äntwerten oder Neen, mee ech ginn dovunner aus, dass mer där an der nächster Zukunft nach ëmmer wäerten hunn.

Huet ..., dat war Är drëtt Fro, a fir vläicht nach bei där zweeter ze bleiwen: Deem Risk si mer all ausgesat! Mir hunn nëmme 600.000, e bëssen iwwer 600.000 Residenten. Dir kënt lech jo virstellen, wann e Land méi grouss ass, dass et där Fäll nach méi gëtt. An et gëtt vill Echange um Niveau Parquet, au niveau Europol, Interpol an esou weider.

Wat sinn d'Moyene vun der CSSF? Ginn déi duer? Ech mengen, d'CSSF, dat muss een awer ganz kloer hei soen, huet eng Responsabilitéit fir d'Surveillance vum Secteur financier, fir ze kucken, ob d'Leit sech un d'Reegelen halen. Am Fall OneCoin an aneren, déi et bestëmt gëtt, déi mer nach net all entdeckt hunn, gëtt et Leit, déi jo extralegal sinn. Déi bekëmmere sech guer net drëms, wat d'Reegele sinn, a si versichen, an der Hannerdier Saachen ze maachen.

Jo, een, deen do d'Enquête mécht, dat ass net d'CSSF! Dat ass de Parquet, dat ass eis Police judiciaire, dat ass eis Police, dat ass da la voie judiciaire, déi do hir Roll muss spillen. A mir sinn och natierlech international a Kontakt mat all eise Partner.

Wat geschitt au niveau européen? Also zwou Saachen dozou. Éischtens: D'Kooperatioun vun de Policen, déi gëtt et. Dat gëtt et scho laang. Mee wat ganz interessant gëtt, dat ass, dass d'Europäesch Kommissioun eng Direktiv proposéiert huet am Summer vun dësem Joer, déi heescht MiCA, dat ass Markets in Crypto-Assets. An déi huet elo emol schonn déi éischt Hürd geholl. Déi war am November am Conseil ECOFIN an déi ass elo an den Trilog gaange beim Europaparlament. Ech ginn dovunner aus, dass am éischten Trimester, spéitstens am zweeten Trimester mer eng europäesch Reegelung kréie fir d'virtuell Wärunge, fir d'Cryptomonnaie.

An dat ass en immense Fortschritt! Da kréie mer e Kader, ech géif zu 90 % soen, e Kader vun der Surveillance financière! Dat huet elo näischt mam Côté pénal, also deene Leit, déi wëlle fuddelen, ze dinn. Et huet domat ze dinn, dass mer do e Kader kréieren. An da wäre mir déi Éischt, also den europäesche Kontinent deen Éischten, deen eng Reegelung kritt a Krittäre kritt, déi leider de Moment immens feelen.

Huet d'OCDE do Initiative geholl? Ech mengen, d'OCDE hëlt keng Initiative wéi d'Europäesch Unioun, fir e Kader ze fixéieren, mee d'OCDE versicht ze vergläichen, wat et alles an der Welt gëtt, an dann doranner e gemeinsamen Nenner ze fannen an da Richtungen ze weisen an Etüden driwwer ze maachen. Menges Wëssens ass elo näischt Konkreetes do.

Wat maache mir zu Lëtzebuerg? Do ass meng Äntwert immens einfach: Mir wäerten eis do op Europa stäipen. Wann ech d'Chance hunn - an et ass wierklech eng Chance! -, dass Europa do als Éischten agéiert huet a sech do e Kader gëtt - MiCA Markets in Crypto-Assets -, da solle mer ofwaarden, well dat geschitt elo an deenen nächste Wochen a Méint, sollen eis dorop baséieren, dat ëmsetzen. An da kréie mer e Kader.

Wéi ginn déi Benefisser vun deene Firme besteiert? Ech mengen, och do gesi mer, wéi d'international Legislatioun immens evoluéiert mat der Zäit. Mir wëssen, dass d'OCDE am Format inclusif zesumme mam G20 elo Léisungen agréiert huet mat 140 Länner. An dat soll am Laf vum Joer 2022 ëmgasat ginn, fir d'Besteierung vun de grouse Gruppen, fir d'Besteierung digital an och fir eng minimal Steuer anzeféieren.

Alles dat bréngt dat, wat mir ganz gemeinsam hunn, Här Mosar: Mir kréie lues a lues e Level-Playingfield. An dat ass dat Bescht, wat Lëtzebuerg ka geschéien: e Level-Playingfield. Mir brauchen net op lëtzeburgerischem Niveau Léisungen ze fannen, déi mer dann eleng géife fannen, mee mir hoffen, dass en internationale Kader kënt, op dee mer eis kënne stäipen, fir gerecht Léisungen ze fannen.

Well ech si bei deenen, déi fannen, dass et net an der Rei ass, wa grouss Firmen international sech komplett verstoppen a keng Steiere bezuelen. An dat géllt natierlech grad fir den digitale Beräich, wou et nach méi schwéier ass, wou nach vill ze léieren ass, wou mer all nach vill Lektione mussen zéien, wéi dat soll besteiert ginn a wéi déi Firme solle fonctionéieren.

Mee mir wëllen awer och do net mat nationale Léisunge virun de Won sprangen a Saache maachen, déi vläicht iwwerhaupt net gutt iwwerluecht sinn, eis vläicht onkompetitiv, onnëtz onkompetitiv maachen. An dann, soubal eng europäesch Reegelung do ass, oder eng, déi och souguer méi breet ass am Kader OCDE, fir déi ëmzesetzen, fir dass d'Acteuren en fait Previsibilitéit hunn.

Voilà! Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Finanzminister.

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Ech bleiwen hei, well ech weess, dass den Här Mosar ëmmer eng additionell Fro huet no der Zäit, duerfir bleiwen ech carrement hei.

(*Hilarité*)

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Et ass esou wéi eng Virwëtztt, Här Finanzminister. Merci fir all Är Äntwerten, wou ech, wéi esou oft, och mat Ärer Analys d'accord sinn. Ech wollt mer awer vläicht nach eng Bemierkung an awer och nach eng Fro dozou erlaben.

Mir si jo permanent hei amgaangen an dëser Chamber, all méiglech Direktiven iwwer Blanchiment ëmzesetzen - ech wëll net déi ganz Diskussioun erëm hei ufänken -, déi ëmmer méi komplizéiert sinn, déi och de Banken am alldeelegche Liewen d'Saach net onbedéngt méi einfach maachen. Ech hunn alldéngs d'Gefill, datt mer do - ech soen, mir alleguer, d'Europäesch Unioun - wäit hannendrulafe, well déi Kriminalitéit eigentlech guer net méi iwwert déi traditionell Banke Geschäfte ofwëckelen.

An et waren an der leschter Zäit och eng Rei interessant Reportagen, déi ee konnt op verschiddene Chainë kucken. Den internationalen Drogenträffek gëtt praktesch just nach exklusiv iwwer Kryptowärunge ofgewëckelt! Dat muss een einfach wëssen. Dat wëssen och d'Amerikaner.

An duerfir stellen ech mer einfach d'Fro ... Et wier vläicht och gutt, an ech weess, Dir gesitt dat d'selwecht ... Mir sinn hei, wéi gesot, erëm e Krich hannendrun, mir verléiere ganz vill Zäit mat Legislatiounen, déi menger Meenung no zum gréissten Deel net méi effikass sinn. An do, wou déi reell Kriminalitéit sech ofspilt, do riskéiere mer erëm eng Kéier, den Zuch ze verpassen. Et ass éischter eng Observatioun. Ech wollt awer och Är Meenung dozou héieren.

Merci!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Dat ass eng ganz richteg Observatioun, Här Mosar. Et ass leider an der Weltgeschichte ëmmer esou gewiescht, dass déi, déi wëlle fuddelen, ëmmer een oder zwee Zich viraus sinn - Zich net am Genre vun engem Zuch, dee fiert, mee méi wéi am Schach -, ëmmer een, zwee Coup-d'avancen hunn.

An domadder muss sech d'Gesellschaft ofginn. An domat musse sech och Lëtzebuerg an Europa ofginn. An ech mengen, och do ass meng Äntwert zu engem groussen Deel: Gott sei Dank hu mer Europa! Wann do Lëtzebuerg misst eleng Initiativen huelen, géif eis net ganz vill geléngen. An den Impakt dovunner wär ganz kleng.

Ech kann lech also berouegen, dass Lëtzebuerg an där ganzer Saach ëmmer wäert un der éischter Front sinn, fir ze soen: Kommt, mir fannen europäesch Léisungen! Mir hunn och - dat kënt elo gläich, dat kënt elo eng Kéier an d'Parlament, wann ech elo net méi Minister sinn - déi ganz Anti-Money Laundering ..., also Antiblanchimentsdirektiv, wou ech eng Agence européenne wäert geërnt ginn. Ech gebrauchen dës Tribün haut, fir ze soen: Dat ass gutt fir Lëtzebuerg! Do geschéie Saachen, déi mer nëmme kënnen au niveau mondial léisen. A mir sinn nëmme kredibel, wa mer dat op europäeschem Niveau ënner ons reegelen. An dat soll Lëtzebuerg ënnerstëtzen.

Dass mir vläicht mussen déi eng oder déi aner Habitude do un der Gesetzgebung änneren - an déi aner Länner iwwregens och! -, mee et ass besser, mir maachen dat esou, well wa mer mengen, dass mer dat eleng an eisem Eck kéinte léisen, dann iere mer eis.

Meng zweet Remark ass, well ech och elo nach rezent oft drop ugeschwat ginn, mir sinn hei an där ganzer Saach vum Pendel. Mir waren an de Joren, virun 10, 15 Joer, du war de Pendel op der Deregulatioun. Mir hunn dat gesi mat London, de Big Bang an den 80er-Joren, Amerika huet dereguléiert, all Mënsch huet dereguléiert, Europa huet dereguléiert. Mir hunn als Lëtzebuerg och doduerch eis Finanzplaz gutt kënnen developpéieren.

Bis dee Moment, wou d'Deregulatioun esou wäit war, dass mer eng Finanzkris haten, déi zum Deel, zu engem groussen Deel mat der Deregulatioun ze dinn hat. Säit 2008/2009 geet de Pendel an déi aner Richtung. E war ze vill an eng gaangen. E kënt an d'Mëtt. An en ass amgaangen auszuschwenken! Ech schwätzen elo net vun de Kryptowärunge. Ech schwätzen elo de manière générale. Bei de Kryptowärunge musse mer nach viles erfannen.

Bei deenen anere Saachen, do kann ee sech heiansdo d'Fro stellen: Si mer net ze wäit gaangen? Ech kréien ëmmer méi gesot: „Et ass onméiglech, zu Lëtzebuerg e Kont opzemaachen.“

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- „Et ass onméiglech, zu Lëtzebuerg e ...

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- ... Kont opzemaachen!“ Dat kréien ech vun alle

Säite gesot! Also, vu dass ech dat säit enger gewëssener Zäit gesot kréien, soen ech mer: Do gëtt et Reegelen, do gëtt et awer och Bon sens. An ech schwätzen hei elo net vum Client ronderëm den Eck, dee Müller oder Schmit heescht oder Dos Santos oder Biancoverde, fir en italieenescht Wuert ze nennen.

(*Hilarité*)

Do fënt een natierlech d'Informatioun séier. Mee een, deen aus dem Ausland kënt, do ass dat jo en Effort, fir kucken ze goen, wou dee seng Suen huet, wat deem seng Aktivitéit ass. An ech mengen, mir sinn hei, mir fänken un do an eng Lichtegeet ze verfallen - ech hoffen, dass d'Banke mer nolauschteren! -, andeem mer soen: „Ma deen do kenne mer net, deen hu mer nach ni gesinn, dat do ass komplizéiert, da maache mer deem kee Kont op.“ Jo, wa mir esou weidermaachen a kengem méi e Kont opmaachen, da soen ech lech, da weess ech awer och net, wéi mir eis Finanzplaz kënne weider dynamiséieren!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Dat ass elo net Är Fro gewiescht, mee dat war meng Äntwert. Mee ech gebrauchen, ...

(*Hilarité*)

... ech mengen, et ass awer immens wichteg, dass mer eis deem Pendel bewosst ginn. Bis wouhinner geet de Pendel? Ee Grond, firwat dass dat och geschitt ass: Et geet de Banke relativ gutt. Et geet der Fongenindustrie relativ gutt. Si sinn elo net op deen dote Client ugewisen, well et eis de Moment gutt geet. Ech soen lech, an zwee Joer oder dräi Joer geet et vläicht eise Banken net esou gutt oder eisem Finanzsecteur, oder Gott weess, wat geschitt. Dann deet et eis leed, dass mer déi dote Clienten net seriö geholl hunn!

Bei deene gëtt et der bestëmt - gëtt et der bestëmt! -, déi fuddelen an déi heihinner kommen, well se soss néierens e Kont opgemaach kréien. Déi wëlle mer net. An do hunn d'Banken an all d'Acteurs Recht, dass se déi net huelen. Mee do gëtt et der awer och, dat si ganz éierlech Entreprises oder Bierger, fir déi einfach ofzeweisen, well et ze vill Aarbecht ass, ass schued; ass schued fir si - direkte Profitt -, ass schued fir onst Land. An ech hoffen, dass ech domat Är Fro beäntwert hunn.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. Mat de Komplimenter vum Här Mosar géife mer dann den Här Finanzminister aus dem Examen entloossen.

(*Hilarité*)

#### 4. Heure d'actualité de la sensibilité politique ADR au sujet de l'interdiction du moteur à combustion

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert de Verbuet vum Verbrennungsmotor. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Martine Hansen, den Här Max Hahn, d'Madamm Cécile Hemmen, d'Madamm Stéphanie Empain, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Fred Keup als Vertrieeder vun der Sensibilité politique ADR. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

*Exposé*

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Merci. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Ministesch, Här Minister, et geet hei effektiv ëm de geplangte Verbuet vu Verbrennungsmotoren, an dat ganz besonnesch eeben am Joer 2030 schonn.

Ech ginn elo hei e bëssen zrëck. Am September 2017 huet de François Bausch an engem Interview am „Tageblatt“ gesot: „Wir wollen 40.000 Elektroautos in Luxemburg.“ Dat war geduecht fir d'Joer 2020.

An d'„Tageblatt“ huet nogefrot: „Ist dieser Plan realistisch?“ An de Minister huet geäntwert: „Es ist immer noch ein Ziel, das wir anstreben und das meiner Meinung nach auch realistisch erreicht werden kann.“

Et sinn awer haut nach keng 40.000. Mir hunn et nogekuckt, et sinn elo 2021 am Oktober ronn 7.000 Elektroautoen, déi a Lëtzebuerg immatrikuléiert sinn, dovun ganz genee 3.424 Privatautoen op den 1. Oktober. Dat ass also dann e bësse schifgaangen. Dat ass déi aktuell Situatioun. An dat si manner wéi 2 % vun eisem ganze Fuerpark.

Wat ass elo geschitt?

D'Regierung weess, dass déi aktuell EU-Legislatioun just kann zesumme geännert ginn, dass Lëtzebuerg dat jo net kann am Elenggang maachen, fir de Verbrennungsmotor ze verbidden. An et gouf och esou eng Fuerderung am „Fit 4 55“-Programm vun der Europäescher Kommissioun, wou geplangt gëtt, dann 2035 all Autoe mat CO<sub>2</sub>-Emissiounen ze verbidden.

Trotzdem geet d'Regierung elo nach méi wäit a fuerdert ee Verbuet vum Verkaf vun Autoe mat Verbrennungsmotor vun 2030 un. Hei soll also nach fënnef Joer éischter gehandelt ginn, wéi dat elo vun der EU-Kommissioun geplangt gëtt.

Dat heescht, dat sinn nach aacht Joer, Dir Dammen an Dir Hären, aacht Joer. Dat geet ganz, ganz schnell. Wéi gesot, woubäi mer haut bei 2 % Elektroautoe sinn.

An dat huet och e bëssen e Grond, an dat gesäit een och op anere Plazen: D'Bierger sinn also relativ retizent, och wéi eng rezent Ëmfro dat gewisen huet vun TNS ILReS, wou eeben d'Fro gestallt ginn ass: Sidd Der fir e Verbuet vun Immatrikulatioun vun Autoe mat Verbrennungsmotor? An hei waren 21 % fir esou ee Verbuet, awer 64 % géint esou ee Verbuet.

Wéi eng Problemer stelle sech dann elo?

Ech mengen, et gëtt am Fong net „déi“ Mobilitéit, et gëtt och net „deen“ Auto, mee et gëtt verschidde Formen. Et gëtt individuell Bedürfnisser. A mir hate bis elo eng riseg Offer, a jiddweree konnt do säi Choix maachen. Mir hunn Autoe fir Familien, mir hunn Autoe fir de Stadverkéier, Autoe fir d'schwéiert Gelände, Autoe fir vill ze transportéieren, Autoe fir eeler Leit, Autoe fir sportlech Fuerer. An, wéi d'Regierung selwer schonn eng Kéier an enger parlamentarescher Fro geäntwert huet, sinn déi aktuell Elektroautoen net prett, fir gewëssen Ufuerderungen ze erfüllen.

Puncto Industrie: Mir hunn an Europa eng riseg Infrastruktur, déi hannert der Autosindustrie besteet, déi iwwer Joerzénngen opgebaut ginn ass. Déi léisst sech och net esou leicht vun haut op muer austauschen, egal wat elo do gesot gëtt.

Nieft deenen diversen ënnerschiddleche Privatgeber existéieren och eng Rei weider spezialiséiert professionell Gefierer, wou d'Regierung bis elo och keng richteg Äntwert konnt ginn. Ech denken do zum Beispill un d'Policeween, wou bis elo jo Elektroautoen net déi néideg Viraussetzungen erfüllen.

Da gëtt et natierlech den allgemenge Problem, dee mer nach ëmmer hu bei Elektroautoen: Et gi vill selten Äerden fir d'Hierstellung vum Elektromotor vun der Batterie benéidegt, déi zum gréissten Deel a China virkommen an och soss a mënscherechtlech problematesche Länner opgebaut ginn, zum Beispill de Kobalt aus dem Kongo. An et besteet d'Gefor vun enger weiderer Ofhängegkeet hei vu China.

An doriwwer eraus stellt sech och d'Fro, wéi eng nei Dateschutzproblemer derbäi kéinte kommen, besonnesch eeben, well hei d'Hiersteller aus China kommen. Besonnesch och vun de verschiddenen Chippen, déi do benotzt ginn. Wouriwwer eraus mer nach e Problem am Moment hunn, an dat ass eeben, dass grad den Mangel vun Chippen aus China e grouse Problem ass fir d'Produktioun och vun elektreschen Autoen.

Weidere Punkt: No Berechnunge vum ADAC sinn Elektroautoen haut, trotz méi niddrege Wartungskäschten, fir de Verbraucher nëmmen opgrond vu staatleche Primme rentabel. Also am Moment, an dat dauert jo warscheinlech och nach eng ganz Partie Joren, sinn normal Diesel-, Bensinn-Autoe méi gënschteg.

Dann: Et léisst sech och nëmme begrenzt zrëckverfollegen, aus wéi enge Quellen de Stroum staamt fir déi Elektroautoen, well de Stroum muss jo iergendwou hierkommen. An da stellt sech d'Fro, ob mer da wierklech elo hei garantéiere kënnen, dass dee Stroum net aus fossillen Energien kënt, well dann hätte mer jo näischt erreecht a puncto CO<sub>2</sub>-Emissiounen. Mir wëssen awer, dass hei an Europa nach ëmmer ganz vill fossill Energie benotzt gëtt. A soulaang dat esou ass, kann en Elektroauto am Fong och net an deem Sënn emissionsfräi sinn.

Zur CO<sub>2</sub>-Bilanz vun den Elektroautoen ass ze soen, dass en Elektroauto net onbedéngt besser ass wéi en Diesel oder e Bensinner. D'Hierstellung vun engem Elektroauto verbraucht tëscht 70 % an 130 % méi Energie wéi d'Produktioun vun engem Auto mat Verbrennungsmotor. Also däitlech méi, d'Produktioun! A bis zu engem gewëssene Kilometrage behalen d'Diesel an d'Bensinner eng besser Bilanz, dat heescht produziéiere manner CO<sub>2</sub> wéi en Elektroauto. Wa mer natierlech da méi fueren nach dermadder, dann dréit dat sech.

Nächste Punkt: Op der Klimakonferenz zu Glasgow ass och iwwer Autoen natierlech diskutéiert ginn. Während hei d'Regierung virgesäit, fir de Mënschen am Joer 2030 Autoe mat Bensinn an Diesel ze verbidden, esou stoung zu Glasgow d'Joer 2040 am Raum. An och bei 2040 huet emol net ee Véierel vun de Länner dat akzeptéiert!

Wat bréngt dat dann, wa mir 2030 den Auto mat Verbrennungsmotor wëlle verbidden, wann déi aner Länner op der Welt 2040 emol net matmaache wëllen?

D'elektresch Autoen hunn an der Reegel eng laang Luedezäit. Et gëtt och méi schnell Apparater. Et gëtt also viraussiichtlech owes an nuets doheim gelueden, wann déi volatil Energien, ech denken elo haaptsächlech u Solarenergie, dann och manner





zur Verfügung stinn, wat dann och e bësse problematesch ass. Allgemeng kënnst eng Weiderbe-laaschtung op eist Stroumnetz duer an dat obwuel d'Regierung de Gesamtverbrauch vum Stroum bis 2030 reduzéiere wëllt!

Ganz aktuell elo wëllt déi brittesch Regierung den Zougang zum Stroumnetz wéinst Elektroautoe reguléieren, fir eng Iwwerlaaschtung vum Stroumnetz an eventuell Ausfäll ze verhënneren. Dat wier da geplangt, dass een zum Beispill vun 8.00 Auer moies bis 11.00 Auer moies a vu 16.00 Auer dann am Nomëttem bis 22.00 Auer owes seng Luedstatioun doheem net dierft benotzen, eebe grad, fir dass d'Stroumnetz net zesummebrécht.

Nach e Wuert zu de Luedstatiounen: Laut EU-Kommissioun brauch ee fir zéng Elektroautoen eng effentlech Luedstatioun. Dat heescht also, mer rechnen, mir bräichte fir nëmmen d'Hallschent vun eise-m Fierpark, deen am Ganze 440.000 Autoe be-gräift - d'Hallschent ass 220.000 Autoen -, also wann déi all elektresch wieren, da bräichte mer hei am Land 20.000 Luedstatiounen. Do si mer och nach ganz wäit ewech.

An do kann ee sech och froen, ob d'Regierung dat dann alles wierklech esou seriö hëlt, wat se och do seet, ob se proaktiv handelt. An do, mengen ech, ass d'Äntwert awer Nee!

An ech ginn lech ee Beispill, an dat betrëfft direkt dräi gréng Ministeren: de Logementsminister, den Energieminister, den Transportminister. „Op Elmen“, an der schéiner Gemeng Kielen, entsteet elo grad e Vorzeigeprojekt fir bezuelbare Wunnengsbau. Dat ass eng ganz flott Saach. An hei hunn d'Leit keng Garage méi bei hirem Haus a si hunn och keng Parkplaze méi bei hirem Haus. Dat, fir dass se eeben net solle mam Auto fueren. Wa se awer en Auto hunn, wat déi meescht dann awer wäerten och hunn, gëtt et grouss zentral Opfangparkingen, wou se da mussen 200, 300 Meter goen, fir bei den Auto ze kommen.

A wat liest een op der Internetsäit, wann een dat nokucke geet? Ech zitëieren: « Le premier parking [...] comprend 202 emplacements pour voitures dont 10 pour voitures électriques. Le deuxième parking quant à lui [...] dispose de 188 emplacements dont 10 pour voitures électriques. » Also do musst Der mer emol erklären, wéi dat zesummepass!

An aacht Joer wëlle mer 50 % Elektroautoen hunn, an Dir wëllt de Verkauf vu Bensinner an Dieselautoen 2030 verbidden. An da maacht Der 10 vun 202 Parkplaze fir elektresch Autoen. An all déi aner net. Wéi passt dat zesummen? Fir mech ass dat e bësen en Zeechen, dass Der iergendwéi awer och selwer net dru gleeft. An dat do keeft och keen lech of! An ech mengen, dass Der dat de Leit awer do-bausse musst erklären, well dat versteet keen.

An den Här Turmes hat gëschter gesot, ech wier depressiv, well ech seng Euphorie net gedeelt hunn. Nee, dat ass absolutt net depressiv, Här Turmes, dat ass realistesch! Dat ass ganz realistesch. Wann Der wëllt eppes fir d'Elektromobilitéit maachen, da musst Der méi elektresch Parkplaze virgesi wéi just 10 vun 202 a grad bei esou engem zukünftige Pro-jet.

D'Konklusioun: Mir sinn éischter fir Evoluitioun am-plaz eng Revolutioun. D'Potenzialer vun Elektroau-toe ginn héchstwarscheinlech nëmmen da wirk-lech realiséiert, wann d'Hiersteller vu Gefierer vun Elektroautoe sech an enger fräier Konkurrenzsitua-tioun mat den Hiersteller vun aneren Autoe kënnen moossen.

An duerfir: Kommt, mir halen op an der ganzer Hys-terie. Amplatz Steieren, Regulatiounen, Zwäng, Ver-bueter ze maachen, solle mir weider opbaue op d'Fuerschung, Vertrauen op déi Technologien, déi do sinn an déi gutt sinn, op de gesunde Mënsche-verstand, an dat zesumme mat deenen, déi betraff sinn: Dat sinn d'Bierger, déi musse matzéien, d'Fa-millen, d'Konsumenten an dat ass och d'Industrie!

Konkreet: En Auto mat Verbrennungsmotor kann nëmmen duerch technologesche Fortschrétt, dee vun de Bierger fräiwëlleg akzeptéiert gëtt, verdrängt ginn.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Dann hunn ech nach awer e klengen Zousaz hei, an dat ass eng Motioun, déi ech géif deposéieren. An där Motioun fuerdere mer d'Regierung op, hir Aktivitéit fir ee Stopp vun Nei-umeldunge vun Autoe mat Verbrennungsmotor, dee se virgesäit am Joer 2030, also an nëmmen aacht Joer, zrëckzezéien.

Et geet hei an der Motioun, also emol net ëm de Prinzip vun deem Verbuet, mee et geet wierklech ëm d'Joer, wat hei virgesinn ass. Well 2030, kommt, mir sinn éierlech, dat ass genausou illusoresch, wéi et deemools war, fir ze soen, am Joer 2020 géifen hei 40.000 Elektroautoe fueren! An duerfir géif ech lech invitëieren: Wann Der realistesch sidd, da stëmmt dat heite mat!

Merci.

**Motion 1**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*- d'Regierung sech zesumme mat enger Rei Länner fir ee Stopp vun Neiumeldunge vun Autoe mat Ver-brennungsmotor vun 2030 un asetzt;*

*- vill technesch Froen an dësem Dossier, souwuel um Niveau vun de Privatautoe wéi och vun de pro-fessionelle Gefierer, nach net gekläert sinn, wéi aus den Äntwerten op déi parlamentaresch Froen Num-mer 4313, 5100 a 5101 ervirgeet;*

*- déi grouss Majoritéit vun de Bierger retizent op déi vun der Regierung favoriséiert Technologie um Elektromotor ze si schéngt, wéi d'Immatrikulatiouns-zuele weisen. Sou waren op de Stéchdatum vum 1. Oktober zu Lëtzebuerg grad emol 3.424 Elektro-autoen op Privatleit a 7.129 insgesamt ugemellt,*

*ass sech bewosst, datt*

*- dës Initiativ vun der Regierung e staarken Agrëff an d'Privatautonomie vun de Bierger duerstellt,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- hir Aktivitéit fir e Stopp vun Neiumeldunge vun Au-toe mat Verbrennungsmotor vun 2030 un zrëckze-zéien.*

(s.) *Fred Keup.*

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Keup.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Merci, Här President. Weltwäit gëtt et 1,4 Milliarden Autoen, esou zirka, ech hunn dat nogelies, an dovunner sinn 99 % Verbrennungsmotoren. Just, fir eng Kéier graff ze kucken, ëm wat et geet.

Mir wëssen awer och, datt, wa mer d'Klimaziler awer gäre wëllen erreechen, da musse mer am Be-räich vum Transport eppes maachen. A gläichzäi-teg soen ech awer och hei: Mir dierfen den Auto net verdäiwelen, well jiddwereen, dee vun eis den Auto hëlt, oder déi meescht zumindest, denken ech, maachen dat net aus Spaass, mee si brauchen e ganz einfach, fir sech fortzabeweegen. Et geet nach net ouni Auto. Also soll och kee mam Fanger op ee weisen, dee mam Auto kënn!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Mir sollen dann na-tierlech kucken, fir den Auto esou wäit wéi méig-lech emissiounsfrei ze maachen. A leider gëtt et deen Auto nach net. Ech mengen, ech hat schonn eng Kéier dovunner geschwat, ech hat eng Kéier ge-dreemt - ech si scho llicht geschiedegt vun den Emissiounen -, ech hat eng Kéier gedreemt vun engem Auto, deen en normalen Auspuff huet, da kënnst jo do CO<sub>2</sub> eraus, da géif deen duerchiichte-gen Auspuff iwwert den Auto goen, an deem duerchsiichtegen Auspuff wär e bësse Chlorophyll a Waasser. D'Licht kënnst drop an da kéim Sauer-stoff eraus. Mee leider ass dat nëmmen een Dram. Dat geet net. An e esou e gudden Ingenieur sinn ech net, fir datt ech esou een Auto kéint produzéie-ren.

(*Interruptions*)

Sou. Elo huet d'EU sech d'Zil gesat am Programm Fit 4 55, fir 2035 een Enddatum fir de fossille Ver-brennungsmotor ze soen. Als CSV soe mer och Jo fir een Enddatum fir de fossille Verbrennungsmo-tor. Mee op wéi een Enddatum mer eis do solle konzentréieren, do si mer eis awer nach net esou sécher oder zumindest net esou iwwerzeegt wéi d'Regierung.

D'Regierung seet elo einfach, ëm 2030. An ech muss soen, ech hunn es e bësse genuch, oder mir hunn es e bësse genuch ëmmer vun deene villen Annoncen, wou awer ganz dacks dann hannendru feelt: Wéi geet et? Wat sinn d'Konsequenzen? Wat sinn d'Fakten a wat sinn d'Léisungen?

An ech wäert hei op, ech mengen, néng oder aacht Punkten agoen.

Dat Éischt ass eng Fro: Laut EU-Reglement dierf u sech nach kee Land Autoe verbidden oder d'Zou-loosung verbidde vun Autoen, déi an der EU nach zougelooss sinn. Dat hutt Dir och op eng Question parlementaire, mengen ech, vum Jean-Paul Schaaf geäntwert gehat. Wéi wëllt d'Regierung heirop rea-géieren, fir hiert Zil ëmzesetzen?

Dat Zweet ass eng Ausso: Well och, wa mir dovun-ner iwwerzeegt sinn, datt u sech mam fossille Verbrennungsmotor muss Schluss gemaach ginn, esou si mer awer gläichzäiteg dovunner iwwer-zeegt, datt mer de Verbrennungsmotor nach brau-chen. Mir brauchen nach ee Verbrennungsmotor. Ech hunn zum Beispill am „Le Point“ een Artikel, ee ganz interessanten Artikel gelies: « [...] faire de l'es-sence avec du vent ». Dee fréieren däitschen Trans-

portminister huet gesot: „Synthetische Kraftstoffe raus aus dem Reagenzglas und rein in die Massen-produktion.“ An och hei wéisst ech gären: Wéi ass d'Positioun vun der Regierung dozou, allgemeng zum Verbrennungsmotor an och allgemeng zu dee-ne syntheetesche Brennstoffe?

Dann deen drëtten Punkt: Mir ware virun zwee Joer, mengen ech, am Potsdamer Klimainstitut. Do soten d'Fuerscher ganz klar: „D'Zäit vun de Monokulturen ass eriwwer.“ An heiansdo hunn ech hei d'Gefill, wéi wa Monokultur hei de Stroum wär. Dat ass op jidde Fall net d'Léisung. Monokulture geet net. Mir brau-chen och nach aner Alternativen. An do fannen ech awer, datt de Waasserstoff hei zu Lëtzebuerg u sech en Trauerspill ass. Mir sollen do eng Virreider-roll spillen. Dat ass awer definitiv net de Fall. An ech wéisst wierklech och gären, wéi et dann end-lech domadder virugeet do mat deenen Tankstellen, déi vläicht eng Kéier kommen.

De véierte Punkt: Een Elektroauto ass, an dat ass awer och esou, net automatesch emissiounsfrei. Dat hänkt vum Stroummix of. Ech hunn och do e bësse gelies: Wann een dee ganze Liewenszyklus kuckt vun engem Elektroauto verglach mat engem Verbrennungsmotor mat syntheetesche Kraaftstof-fer, dann ass deen u sech besser wéi den Elektro-auto. Also kënnen mer net dovunner ausgoen, datt den Elektroauto automatesch emissiounsfrei ass.

An dofir ass och meng Fro: Ass séchergestallt, wa mer wierklech - well mer wëlle jo gären alles méi elektrifizéieren, d'Industrie, d'Haiser solle méi mat Stroum gehëtzt ginn -, datt dee Stroum, dee mer fir d'Autoen hunn, tatsächlech gréng ass an elo net nëmmen doduerch, datt en akaaft gëtt, well an deene Länner da vläicht doduerch anere Stroum ge-holl gëtt? Dat heescht: Wann en akaaft gëtt aus Länner, déi souwisou schonn honnert Prozent gréng sinn an déi hunn e supplementare grénge Stroum, dann ass deen heiten och fir mech kom-plett gréng. Mee do ass eeben d'Fro: Kréie mer dat séchergestallt?

Dee fënnefte Punkt: Wéi gesäit et mat de Luedsta-tiounen aus? Och do ware vill Annoncé gemaach ginn. Et ass ëmmer erëm vun 800 Luedstatioune geschwat ginn. Et hätt ee kënnen mengen, et wären der ëmmer erëm nei 800. Mee et ware keng nei 800, et waren ëmmer déi selwecht. Sou wéi ech elo weess, sinn et der mëttlerweil 700. Wat ass do bis 2030 geplangt?

Dann dee sechste Punkt: Wat bedeit den Aus vum fossille Verbrennungsmotor fir d'Camionen, déi landwirtschaftlech Gefierer, fir Baumaschinen an esou weider?

Dee siwente Punkt: Ech hat dat beim Budget an der Ëmweltkommissioun kuerz ugeschwat, ech men-gen, ech hat keng Äntwert drop kritt: Wéi wäit sidd Der mat der Ëmstellung vum Fierpark vum Staat?

An deen aachte Punkt: Wéi laang ginn d'Autoe mat Verbrennungsmotor vun der Regierung nach - ënner Gänsefüßchen - „gedult“, respektiv wat ass mat der CO<sub>2</sub>-Bepräisung no 2023 virgesinn?

Also fir d'CSV: Jo fir een Aus vum fossille Verbren-nungsmotor, mee mam Datum si mer eis net 100 %eg eens, well mer nach net genau wëssen, wat d'Regierung wëlles huet a wéi eng Alternative mer hunn. Mir soen Nee fir ee kompletten Aus vum Verbrennungsmotor, well mir brauche keng Mono-kultur. Mir brauchen och Alternativen. A wéi gesot, mir hunn nach eng ganz Partie Froen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Hansen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Max Hahn** (*DP*).- Merci, Här President. D'De-karboniséierung vun der Mobilitéit ass sécher ee vun deene gréisste Chantieren am Kampf géint de Klimawandel. Ronn en Drëttel vun den Emissiounen an der EU geet op den Transportsektor zrëck. Zu Lëtzebuerg sinn et souguer zwee Drëttel, quitte dass den Tanktourismus do natierlech eng ganz grouss Roll spillt. Wéi och ëmmer, eng klimaneutral Mobilitéit, an dat ass jo schlisslech d'Zil, setzt mëttel- a laangfristeg eng komplett Erneierung vun eise-m Autobestand viraus.

Besonnesch an engem Land wéi Lëtzebuerg, wat bis elo kloer eng Autofuerer-Natioun war a wou bal esou vill Gefierer immatrikuléiert sinn, wéi Leit an eise-m Land wunnen, do ass dat sécherlech keng kleng Aufgab.

Well och, wann d'Mobilitéit an Zukunft sech net just ëm den Auto dréit - Stéchwuert „Ausbau vum ef-fentlechen Transport“, Stéchwuert „aktiv Mobilitéit“, Stéchwuert „Teletravail“ -, esou wäert den Indivi-dualtransport och nach an 10, 20 Joer eng wichteg Roll spillen.

Et ass dofir un der Politik, d'Ramebedingungen ze schafen, fir dass dës Transitioun gelénge kann. Dës Ëmstellung vun enger Technologie op eng komplett aner, déi dobäi nach eng nei Infrastruktur brauch,

geschitt net vum selwen. Dat kascht. Dofir brauch een Investitiounen an och déi néideg Ureizer, fir d'Demande ze fërderen.

D'Regierung huet sech an deem Kader héich Ziler gesat. Laut PNEC solle jo bis 2030 49 % vun den Autoen elektresch bedriwwen ginn. Fir dat Zil ze er-reechen, sinn och bis elo scho grouss Efforte ge-maach ginn. Sou huet d'Regierung souwuel an den Ausbau vun Opluedestatiounen investéiert wéi och generéis Primmen agefouert, net just fir de Kaf vun engem Elektroauto, mee och fir d'Installatioun vun enger Born bei sech doheem oder, e Projet, deen nach um Instanzewee ass, d'Installatioun vu Bor-nen an de Betriber.

Als DP fanne mer, dass mer um richtege Wee sinn. A mir kënnen d'Moosssname vun der Regierung och nëmme begrëissen.

De Succès vun dëse Mesuren, bis elo, gesäit ee jo och un den Zuelen. De Verkauf vun Elektroautoen ass an de leschte Méint quasi explodéiert. Dëst Joer sinn, eleng an deenen éischten néng Méint, esou vill Elektroautoen nei zougelooss gi wéi déi zwee Joer virdrun zesummen.

Nieft der Demande muss awer och d'Offer stëm-men. Wa mer zrëckdenken, et ass nach net esou laang hier, do haten déi Leit, déi sech en Elektro-auto kafe wollten, net deen terribel grouse Choix. Obwuel et d'Technologie schonn iwwer 100 Joer gëtt, obwuel den éischten Auto, deen erfonnt gouf, en Elektroauto war, an obwuel ëm 1900 souguer ronn 40 % vun den Autoen an Amerika Elektroautoe waren.

D'Industrie huet während Joerzéngten awer duerno op de Verbrenner gesat, mam Resultat, dass bis viru Kuerzem bal kee Constructeur en Elektromodell ugebueden huet. Et ass effektiv eréischt zënter d'EU ugefaangen huet, Flottengrenzweierter fir d'Pro-duzente virzeschreien, dass Bewegung an de Marché komm ass. Säit 2021 leien déi Wäerter bei 95 Gramm op de Kilometer, wat dozou gefouert huet, dass an de leschte Joren d'Offer un Elektroau-toen däitlech an d'Luucht gaangen ass.

Hautdesdaags gëtt et quasi kee Constructeur, deen net op d'mannst een am Sortiment huet, während eng Partie Marke souguer schonn annonciéiert hunn, an den nächste Joren iergendwann d'Produk-tioun vum Verbrenner komplett opzehalen. Dat ass, wéi gesot, awer zum selwe geschitt. D'Industrie brauch kloer Annoncen, e kloer Kader, fir ze wës-sen, wou d'Rees higeet. Wa se Planungssecherheet huet, ka se sech drop astellen an deementsprie-chend liwweren.

D'Offer wäert an den nächste Jore weider klam-men. D'Autoe wäerte méi performant ginn. D'Batte-rië wäerten eng méi wäit Reechwäit hunn.

(*Mme Djuna Bernard prend la présidence.*)

A mir als DP sinn zouversichtlech, dass och d'Froe vun der Nohaltigkeet an deem Kader duerch de Fortschrétt vun der Technologie wäerte kënnen ge-léist ginn.

Et ass fir eis als Demokratesch Partei awer genau-sou kloer, dass de Verbrenner keng Zukunft méi huet. An dat soll een och kloer soen! Et kéint ee jo och iwwer E-Fuels schwätzen a mengen, dat wier eng Léisung, fir d'Emissiounen ze reduzéieren. An der Theorie ass dat och net falsch. An der Praxis hu mer awer grouss Zweifel, ob dat dann och wirk-lech esou ass.

Et ass à la base eng einfach Rechnung: De Wier-kungsgrad vun E-Fuels läit bei 15 %. Am Verglach dozou huet en Elektromotor e Wirkungsgrad vu 85 %. Dat heescht, et bräicht ee fënnefmol esou vill Stroum, fir ee Kilometer mat engem Verbrenner, dee mat syntheeteschem Bensinn fiert, zrëckzeleeë wéi mat engem Elektroauto. Dat heescht och: De Kilo-meter kascht also fënnefmol esou deier.

Do schéngt d'Saach dach awer evident, dass E-Fuels keng Léisung kënnen si fir d'Dekarboniséie-rung vum Transport.

D'Enn vum Verbrenner kënnst, do féiert kee Wee der-laanscht. An et ass eeben och wichteg, der Wirt-schaft matzäiten ze soen, wat op si duerkënnst.

■ **Une voix**.- Richtig!

■ **M. Max Hahn** (*DP*).- Dofir ass et richtig, en Da-tum ze decidéieren, wéini keng nei Verbrenner méi zougelooss dierfe ginn. Gradesou wichteg ass et och, dass dat net iergendwann a ferner Zukunft ass, mee dass dat am beschte schonn ufangs vum nächste Joerzéngt kënnst.

Mir sinn an enger Klimaurgence. Déi nächst zéng Joer sinn decisiv. An dowéinst sollte mer bei dë-sem Sujet och eng ambitiéis Deadline ustriewen. Well et ass jo net esou, wéi wann domat schonn alles gedoe wier. Mir schwätze just vun Neizouloos-sungen. D'Zil ass et, komplett klimaneutral ze ginn! Do sti mir haut quasi um Ufank. Ech hoffen, an zéng Joer si mer e gudde Strapp weider, mee och da wäerten nach vill Efforten ze maache bleiwen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!





■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Hahn. An als nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen agedroen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Cécile Hemmen** (*LSAP*).- Merci, Madamm Presidentin. Madamm Minister, Här Minister, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, mir sinn eis allegueren eens, dass mer all Méigleckeete mussen notzen, fir eis Ofhängegkeet vun de fossillen Energieträger ze reduzéieren. Doraus ergëtt sech ënner anerem, dass eise Fuepark muss ëmgestallt ginn. An esou eng Ëmstellung kascht, ënner anerem, natierlech vill Zäit.

Zäit ass awer dat, wat mir am Hiblëck op de Klimawandel ëmmer manner hunn! D'LSAP begrüsst et deemno, dass eis Regierung am Mäerz, zesumme mat aneren aacht EU-Staaten, en Appell un d'EU-Kommissioun gericht huet, fir e konkrete reglementaresche Kader opzestelle fir eng Transition hin zu emissionsfräie Gefierer. Eventuell Delaien, déi doranner gesat ginn, mussen natierlech och kohärent sinn zu de Klimaziler, déi mir eis gesat hunn.

Fakt ass, dass haut schonn eenzel Länner an och Stied Mesuren ugekënnegt hunn, déi zum Deel Reegelen opgestallt hunn, déi vun engem Verkaufsverbuert fir Autoe mat Verbrennungsmotor bis hin zu engem Fuerverbuert fir bestëmmten Typpe vun Autoe ginn.

Mir als LSAP wënschen eis, dass d'EU et fäerdegbréngt, eenheetlech Reegelen opzestellen, déi an der ganzer EU deemno gëllen. Dat ass am Interêt vun der Beweegungsfräiheet vun de Bierger an et gëtt der Automobilindustrie Planungssécherheet.

Et gëtt vill driwwer diskutéiert, ob d'Elektromobilitéit dann elo déi richteg Alternativ ass oder net. Fakt ass, dass kuerz- a mëttelfristeg quasi keng aner Alternativ zu Bensinn, Diesel a Gas fir Persouneneween fir e grouesse Marché prett ass. D'LSAP ënnerstëtzt dofir der Regierung hir Efforten am Bërich vun der Elektromobilitéit.

Parallel dozou ënnerstëtze mir awer natierlech och d'Fuerschung an och d'Innovatioun an aner Technologien, déi méi laangfristeg Léisunge kënnen bidden.

Dat bedeit awer net, dass mer déi Méiglechkeeten, déi mer haut hunn, net esou séier wéi méiglech och sollten notzen. Wa mer wëllen, dass ab 2030 zu Lëtzebuerg nach just Elektroautoe verkaaft ginn, da mussen a relativ kuerzer Zäit grouss Investitiounen an deem Sënn gemaach ginn.

D'Installatioun vu Borne queesch duerch d'Land geet gutt virun. Mee doriwwer eraus kann een awer och dermat rechnen, dass an deenen nächsten 10, 20 Joer Fortschrëtter gemaach ginn, wat och d'Batterien an d'Luedzäiten ugeet.

Eng vun de groussen Erausforderungen ass awer den Ausbau vum Stroumnetz am Allgemengen.

Am September d'lescht Joer hat Dir, Här Energieminister, eis an der Ëmweltkommissioun d'Pläng vu Creos presentéiert, fir hiert Netz bis 2040 substanzieell auszebauen.

Den Här Minister kann eis vläicht herno kuerz rapelëieren, wéi eigentlech d'Capacitéite vun deem Netz am Hiblëck op d'Elektromobilitéit sinn an op den Ausbau vun der viraussiichtlecher Demande ab 2040 an ob se där Demande wäert entsprechen, wann dann de Gros vun den Autoen op eise Stroossen elektresch géif fueren.

E ganz wichtige Punkt fir d'LSAP ass de Käschtepunkt vun der Transition a wien e bezilt. Zum enge betrëfft dat de Präis vum Auto selwer - dat ass haut de Mëtteg schonn ugeschwat ginn -, deem am Moment jo och just Dank de Subside ka konkurrenzfäeg sinn. En anere Käschtefaktor betrëfft de Stroumpräis. Déi massiv Investitiounen an d'Stroumnetz wäerten op d'Netzkäschten ëmgeluecht ginn, déi jo och e weesentlechen Deel vum Stroumpräis fir den Ennverbraucher ausmaachen.

An net zulescht stellt sech natierlech och d'Fro vum Energiepräis, zemools, wa mir eis op erneierbar Energiequelle beschränke wäerten.

Dofir wär d'Fro un de Minister, wéi hien dann och dës Entwëcklung gesäit, wéi de Stroumpräis fir den Ennverbraucher sech no senger Aschätzung wäert entwëckelen, besonnesch och am Verglach mat der fossiller Energie. Den Ureiz, fir sech en Elektroauto ze kafen, besteet jo am Moment, an do mussen mer och éierlech sinn, zum Deel och doranner, Geld beim souzesoen „tanken“ ze spueren.

D'Prioritéit huet fir d'LSAP generell d'Bekämpfung vun der Aarmut. An an deem Sënn och d'Energiearmut. Doriwwer eraus muss an eisen Aen de Staat derfir suergen, dass d'Belaaschtunge fir d'Mëttelklass opgrond vun de politeschen Decisiounen, déi mer huele wäerten, net esou héich ginn, dass ëmmer méi Leit risquéieren, an d'Prekaritéit ze geroden. Den Impakt vun esou Moossoname wéi der Elektrifizierung vun der Mobilitéit muss duerfir berechent an och gegebenefalls sozial ofgefiedert ginn.

Ech kommen zum Schluss, andeems ech drun erënneren, dass net zulescht d'Leit mussen dru

gleewen, dass déi Transition machbar an och sënnvoll ass. Trotz de Campagnë vum Ministère an den Efforte vu „myenergy“ mierkt een am Gespréich vun de Leit, dass et ganz vill Onsécherheeten an ongeklaarte Froen zu deem Sujet gëtt.

Well den Ecart esou grouss ass tëscht dem aktuellen Undeel un Elektroautoen an dem deklaréierten Zil fir 2030, gëtt dëst vu villen als net ganz realistesch ageschat. Skepsis gëtt et vis-à-vis vun der Ökobilanz vun Elektroautoen, der Sécherheet, der Installatioun vun de Borne, der Gestiouen vun de Kopropriétéiten an esou weider. Et ass also nach ganz vill Opklärungsarbecht ze maachen! An ech hoffen, dass och dësen Debat e kleng Bäitrag dozou leeschte kann.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci, Madamm Hemmen. An als nächst ageschriwwe Riednerin ass et un der honorabeler Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

(*Interruptions*)

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Villmools merci, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, wann et ëm d'Theema Elektromobilitéit geet, da kachen d'Emotiounen reegelméisseg héich an eng sachlech Diskussioun op Basis vu Fakten ass net ëmmer méiglech. Dofir sinn ech ganz frou, dass mer haut déi Diskussioun ganz sachlech kënnen féieren.

Iwwer wat mer haut schwätzen? Do geet et ëm eng Verhandlungspositioun, fir op EU-Niveau mat den aneren EU-Memberstaaten eng Deadline auszuhandelen, wéini eeben de Verbrennungsmotor soll auslafen. An déi Positioun, fir 2030 op EU-Niveau ze proposéieren, déi steet iwwregens och esou am Lëtzebuerger PNEC.

Eng EU-wäit Decisioun gëtt et momentan an dësem Kontext nach net, mee d'Propos vun der EU-Kommissioun, déi aktuell um Dësch läit, den neie Klimapak Fit 4 55 viséiert, dass ab 2035 op EU-Niveau keng Autoe mat Verbrennungsmotoren méi dierfen immatrikuléiert ginn.

Wann déi Propos den Accord vun alle Memberstaaten kritt, dann ass dat awer virun allem och kee generell Verbrennerverbuert. Ech mengen, et ass wichtig, dat och eng kéier kloer ze soen. All aktuellen Diesel oder Bensinner dierf weider fueren an als Occasioun och weider verkaaft ginn.

Madamm Presidentin, de Mënsch ass mobil a muss och mobil bleiwe kënnen. Mir kommen awer net derlaanscht, festzehalen, egal ob eist Häerz elo fir de Verbrennungsmotor schléit oder net: Den thermesche Verbrennungsmotor huet keng Zukunft méi! A säi Verbesserungspotenzial ass quasi och erreecht.

Bei der Elektromobilitéit ass awer nach enorm vill Potenzial no uewen. Stéchuert: Effizienz, Batterien ouni Kobalt, Recycling.

Den E-Auto steet haut scho besser do an den Ecart wäert sech och an Zukunft weider ausbauen.

Fakt ass och: D'Pëtrolsreserve sinn net onendlech. D'Uelegfërderung opweneg, irresponsabel an net konform mat eisem 1,5°-Zil. Fir dat ze erreechen, mussen mir am nächste Joerzéngt drastesch Reduktiounen vun eisen Zäregaser maachen. Och dierfe mer net vergiessen, dass mer eis duerch d'Ofhängegkeet vum Pëtrol an eng strateegesch Ofhängegkeet vun de Pëtrolstaaten beginn hunn, aus där mer och dréngend mussen erauskommen.

Vill ze laang awer war d'Pëtrolslobby ze erfollegräich, soudass Entwëcklungen a Richtung vun enger méi nohalter Mobilitéit op Äis louchen. Et ass gefuddelt a gebremst ginn. A wa mer haut mussen eng ganz Industrie an hir Zouliwwer a kuerzer Zäit ëmwälzen, dann ass dee Problem och deels vum Secteur hausgemaach.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Kloer ass et e Muss, op d'E-Mobilitéit ze setzen. Den Elektroauto bitt eng ganz Rëtsch Virdeeler, déi schonn domadder ufänken, dass den Elektroauto e bessere Wierkungsgrad huet an haut scho méi energieeffizient fiert.

An och wa momentan de Kaf vun engem Elektroauto zwar nach méi deier ass, gëtt deen Ënnerschied awer rapid méi kleng a virun allem gëtt dësen Ënnerschied zu engem groussen Deel duerch interessant Primmen opgefaangen.

Ausserdeem sinn d'Follgekäschte vun engem Elektroauto vill méi geréng! Et ass eebe méi bëlleg, fir 100 km Stroum ze luede wéi fir 100 km Spritt ze tanken. Ausserdeem sinn d'Revisiounen vill méi bëlleg an et fale vill manner Onkäschte fir Ersatzdeeler un: keen Uelegwessel, kee Kältrimm ze ersetzen, geréngere Verschläiss vun de Bremsen, keen Auspuff, dee ka futtigoen an och keng Kupplung, déi muss ersat ginn an esou weider. Just esou als Beispill: No zwee Joer war meng éischt Revisioun fir 140 Euro, fir dat eng kéier an de Kontext ze setzen.

■ **M. Charles Margue** (*déi gréng*).- Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- An et muss een och soen, dass zum Beispill bei deem Auto, deen ech elo hunn - deen hunn ech zënter bal dräi Joer -, d'Reechwäit och nach kee Kilometer agebousst huet. Mee souguer wann dann eng kéier d'Batterie géif noloossen, da ka se recycléiert ginn. An dann hu mer jo och d'Zil vun enger richteger Kreeslafwirtschaft, an där d'Rostoffer recycléiert ginn. Esou entwëckelt sech mat dëse Rostoffer och en neien Industriezweig, an deem nei Aarbechtsplaze geschafe ginn.

An elo kéint een natierlech och soen: D'Technik wäert hiert maachen an dann iwwerloosse mer de Switch vum Verbrenner eeben einfach dem Marché, also de Switch vum Verbrenner zum E-Auto. Mee déi Positioun vertriebt mir ganz kloer net an eng aner Partie Memberstaaten aus der EU och net.

Wéi mer gesinn hunn, ass et fënnf vir zwielef. Mir mussen dëse Prozess enorm beschleunegen, wa mer eis Klimaziler erreeche wëllen. An do setzt Lëtzebuerg op eng ganz ambitionéiert Zäitschinn, andeems mir op d'Joer 2030 setzen als Joer, ab deem keng nei Autoe mat Verbrennungsmotor méi sollen an Europa op de Marché kommen.

Et gëtt och eng ganz Rei Memberstaaten, déi scho gekuckt hunn, dëst national ze reegelen. De Fakt ass awer, dass en nationale Verbuert net EU-rechtskonform ass, an dass mer dofir eeben eng europäesch Léisung brauchen.

Et gëtt och schonn eng Partie Autosmarken, déi vu sech aus sech Terminer ginn hunn, wéini si aus dem Verbrenner erausklammen, well si wëssen, dass et sech net finanziell rechent, wéi an der Vergaangenheet stiechen ze bleiwen, awer och, well de politeschen Drock do ass. Ze mengen, mir sollte just op d'Hiersteller waarden an op d'Fräiwëllegkeet an op de Marché, dee verkennt awer och, dass dat absolutt net realistesch ass, well da fuere mer an där Zäitschinn weider, an där mer bis elo ënnerwee waren. An dat geet net duer!

A wann et dann zum Enn vum Verbrenner op EU-Niveau kënn, dann ass et evident, dass eng Luetinfrastruktur op EU-Niveau muss garantéiert sinn. Heiheim këmmere mir eis jo och ganz aktiv drëm, dass Zukunftsinvestitiounen getäteg ginn, dass d'Luetinfrastruktur schnell virugeet. A mir hunn haut schonn dat zweetbescht Luetnetz an Europa.

Et gëtt Primme fir Wallboxen doheem, wat iwwregens enorm praktesch ass, wann een doheem luede kann, tanke kann. Mee grad och fir déi Leit, déi keng eege Garage oder Parkplaz bei hirem Doheem hunn, gëtt jo gekuckt, d'Luetinfrastruktur allgemeng och nach duerch zousätzlech Primmen unzekerbelen.

Wat d'Versuergung mam néidege Stroum ugeet - dat war jo och eng Fro, déi gestallt ginn ass -, do këmmere mer eis och drëm, eise Reseau auszebauen, eis un Offshoreanlagen ze bedeelegen an un innovative Projeten, fir sécherzustellen, dass mer ...

(*Interruption par la présidence*)

Ech si geschwé fäerdeg, Madamm Presidentin.

(*Hilarité*)

... der méi héijer Demande u Stroum och kënnen gerecht ginn.

An da wëll ech zum Schluss just nach eppes betounen - versprach, just nach 30 Sekonnen -, ...

(*Hilarité*)

... dass et elo wierklech net drëm dierf goen, all Verbrenner einfach duerch en Elektroauto ze ersetzen.

Mir sinn eis jo all eens, dass all Auto Ressourcë verbraucht, och wann en E-Auto der e puer manner brauch. An et ass awer, mobilitéitstechnesch gesinn, relativ egal, ob ee mat oder ouni Auspuff am Stau steet. An dofir ass et wichtig, dass mer héich Investitiounen an eis Infrastruktur maachen, och an déi duuss Mobilitéit, den RGTR. An dat maache mer jo schonn déi lescht Jore ganz aktiv.

Dofir soen ech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci, Madamm Empain. An als nächst ageschriwwe Riednerin ass et un der honorabeler Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Wéinst der Urgence vun der Klimafro an der Reduktioun vun den CO<sub>2</sub>-Emissiounen ass et wichtig, dëse Verbuert anzeféieren an och net ze laang ze waarden, well et ass, wéi schonn hei gesot ginn ass, quasi fënnf op zwielef. An dofir hu mir och eng Positioun op dëser Fro.

Éischtens ass et néideg, fossill Brennstoffe, déi déi meescht Leit haut an den Tank vun hiren Autoe mussen schëdden am Buedem ze loossen. An dat esou séier an esou vill wéi nëmme méiglech. Wann dat net passéiert, wäerte mir Äerderwierungs-

zenarioen erliewe mat plus 3 Grad Celsius a méi par rapport zu preindustriellen Zäiten. Wouzou dat féiert, wësse mir haut schonn, entre autres doduerjer, datt mir d'Konsequenze vun dëser Erwiermung scho selwer, och hei zu Lëtzebuerg, erlieft hunn, mat Tornado, mat Iwwerschwemmungen.

Den IPCC huet a senge Rapporten awer och opgezeechent, wou d'Wëssenschaft haut mat hiren Erkenntnisser steet. An dat bréngt eis dozou, d'Meenung vun der Ëmweltministesch ze deelen op dësem Punkt. Mir mussen fort vun de Verbrennungsmotoren! Wat méi fréi, wat besser. Soll d'Äerderwiermung op 1,5 Grad Celsius limitéiert ginn, da misst de Verbrenner souguer schonn ab 2025 der Vergaangenheet ugehéieren.

Hei halen eis Gemeinsamkeeten awer schonn op. Well mir zweetens der Meenung sinn, datt d'Erreeche vun de Klimaziler just méiglech ass, wann d'Zuel vun de verkaaften Autoen insgesamt zrëckgeschrafft gëtt. D'Entwëcklung ass awer eng ganz aner: 2019 ass bis elo d'Rekordjoer, wat d'Neimatrikulatiounen vun Autoen ugeet. Et gouf zwar, opgrond vu Corona, e Knéck an dëser Courbe, mee den Trend ass kloer. Et ginn ëmmer méi Autoe verkaf. An et ginn ëmmer méi déck Autoe verkaf. All fënnf Autoe, dee verkaf gëtt, huet en CO<sub>2</sub>-Ausstouss vu méi wéi 150 Gramm op de Kilometer, wat dem Ausstouss vun engem décken SUV entsprécht.

Dës zwou Entwëcklungen hunn zwou problematesch Konsequenzen: Déi wuessend Zuel vun den Autoen insgesamt mécht de Kaf vun ëmmer méi Elektrogefierer néideg, fir op déi 49 % Undeel bis 2030 ze kommen. An déi héich Undeeler vu schweieren, grouesse Gefierer mat héijem Verbrauch an Ausstouss neutraliséieren dann erëm den Impakt vun den Elektrogefierer, déi direkt keen CO<sub>2</sub> am Stroosseverkéier ausstoussen.

Keng politesch Initiativ vun der Regierung léisst erkennen, wéi se deem entgéintwierke wëllt. Et gëtt weeder e Malus-System beim Kaf vun engem neien Auto, mat deem déck klimaschiedlech Gefierer méi taxéiert géife ginn, nach ass de System mat den Dëngschtween esou ausgericht, datt substanzieell méi ressourcëschonend Autoen op d'Stroosse kommen.

Fir eis ass dat awer e wichtige Punkt, well beim Klimaschutz geet et ëm Zäit. Just, well bis 2030 oder 2035 de Verbrenner soll verschwannen oder bis 2030 all zweet Gefier en Elektroauto soll sinn, heescht dat net, datt bis dohinner einfach alles esou weiderlaffe soll wéi bis elo. Dat geet net riicht aus! Méi Autoen an déck Gefierer op der Strooss bis 2030 bedeit méi Ressourcëverbrauch an CO<sub>2</sub>-Ausstouss an enger Welt, déi ëmmer nach an éischer Linn mat Pëtrol, Gas a Kuel dréit.

Mir mengen drëttens och, datt d'Autoskonzerner eng iwwel Roll spillen an deem, woumat mir konfrontéiert sinn. Um Autosmarché zu Lëtzebuerg spigelt dat sech och esou erëm. Wann een sech den CO<sub>2</sub>-Ausstouss vun de ganze Flotte vun de groussen Autoshiersteller ukuuckt - huele mer mol einfach déi däitsch VW, Audi, BMW, déi zu Lëtzebuerg dominant sinn -, da gesäit een, datt no der COP21 vu Paräis den duerchschnëttlechen CO<sub>2</sub>-Ausstouss erëm eropgaangen ass an net erof.

Dat läit dorunner, datt d'EU engersäits vill ze héich Richtwäerter beim Ausstouss festgeluecht huet, mee anerersäits awer d'Constructeurs fir all Auto mat null oder klengem Ausstouss, dee se verkafen, och erëm e puer méi Autoe mat engem héijen oder engem ganz héijen Ausstouss verkafen. Dëse System ass dee vun de „super-credits“ an ass emol bis 2023 nach ëmmer a Kraaft. E féiert dozou, datt den CO<sub>2</sub>-Ofdrock vum Fuepark, och zu Lëtzebuerg, vill ze héich ass a bleift.

Ech kucke meng Auer, Madamm Presidentin.

Mir soen, datt d'Enn vum Verbrennungsmotor muss esou séier wéi méiglech kommen. Säin Enn a Remplacement duerch Gefierer mat Batterieundriff oder gréngem Waasserstoff muss awer och méi e grondleeënden Afloss op d'Automobilitéit hunn.

Et ka respektiv soll net all Auto mat Verbrenner duerch en Elektroauto ersat ginn. Mir mussen manner Autoen hunn, well eleng raimlech gesi kënnen net ëmmer méi Autoe ronderëm fueren a -stoen. Net all Mënsch huet en Haus mat Garage a Borne am Keller. D'Elektromobilitéit, déi d'Regierung propagéiert, wierkt awer staark esou wéi wa Lëtzebuerg just aus esou Stéit géif bestoen.

Nee, mir brauchen e gesécherten Accès fir jiddwereen zu där Mobilitéit, déi jidderee brauch. Mee mir brauchen net zwee oder dräi Autoe pro Stot, déi am Souterrain stinn a just seele fueren. An déi Mobilitéit muss primär um ëffentlechen Transport - Zuch, Tram a Bus - berouen an op der duusser Mobilitéit.

Mee e Verzicht op Trajete mat engem Auto ass fir ganz vill Leit awer nach ëmmer net méiglech. Mir mengen, datt verstärkt misst gekuckt ginn, wéi ëffentlech Carsharing-Modeller, déi et zu Lëtzebuerg jo och scho gëtt - mat Flex a Carloh, dat sinn déi zwee gréisst -, mee déi weeder bekannt genuch





nach breet genuch opgestallt sinn, zu enger reeller Alternativ zum individuelle Privatauto kënnen ginn.

Mir gesinn d'Verbuet vum Verbrennungsmotor als een Deel vun engem méi breeden an déifgräifenden Ĕmbau an der Transportpolitik, déi natierlech vill méi Facetten huet wéi e besseren Takt, besser Ubannungen, besser Linnen a Carsharing, wann näischt aneres méi geet.

**(Interruption par la présidence)**

Et geet hei ëm en déiwe Mentalitéitswandel, dee mer och an anere Beräicher mussen hunn, fir dat Zil vun 1,5 Grad Celsius kënnen ze packen. A mir mussen et packen! Ech froe mech zwar wierklech, wéi laang et nach dauert, bis och jiddwereen dat verstanen huet.

**(Interruption par la présidence)**

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance.*- Merci, Madamm Cecchetti. An als nächsten age-droene Riedner ass et um honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Madamm Presidentin. Also fir dat ganz Theema jo mol an-zeuerdnen, muss ee jo mol - zumindest mir Piraten maachen dat - ganz kloer unerkennen, dass mer awer an enger Klimakris sinn a mer sou vill kënnen schwätzen ...

**(Interruption)**

O, mir sinn net déi eenzeg, mee ech mengen awer net, dass jiddereen se heibannen unerkent.

**(Interruption par M. Guy Arendt)**

O, Här Arendt, also ech kann lech ... ech kommen nach eng Kéier drop zrëck, ob d'DP déi Klimakris esou unerkent. Dat ass e gutt Stéchuert. Ech kommen awer do nach gär eng Kéier drop zrëck a ginn ech lech e puer Äntwerten, Här Arendt.

**(Interruption)**

Mir sinn an enger Klimakris an deementspriedend mussen mer och handelen, well dat Waarden an dat Schéischwätzen, dat bréngt eis guer näischt.

Mee, well den Här Arendt mech jo scho drop ugeschwat huet, huelen ech dee Punkt da vir, an zwar iwwert déi schlecht Politik, déi mir - also Dir als Regierung - maacht. An do, menges Wëssens ass eng DP mat an der Verantwortung. An dat net eréischt zënter gësch. Huele mer do mol e puer Stéchwierder eraus.

Huele mer mol d'Schëfffaart. Ech mengen, mir schwätze jo hei driwwer, dass mer higin a mir wëllen de Leit elo hei zu Lëtzebuerg soen, si missten hire Verbrennungsmotor op der Säit loossen ab 2030. Fir eis Piraten ass dat och richtig, dass mer de Verbrennungsmotor ofschafen, mee da muss awer déi grouss Politik higoen an emol, do wou si eppes ka bewierken, de fossille Brennstoff ofschafen. Dat ass nämlech ee vun de Punkten!

Huele mer d'Schëfffaart. Ech hat mer et opgeschriwwen. Ech wollt eigentlech guer näischt driwwer soen, mee den Här Arendt huet mer elo d'Stéchuert ginn. Huele mer d'Schëfffaart, wou d'Regierung nach ëmmer iwwer en Taxdumping mécht, dass déi immens vill Pétrol a rengen Ueleg verbrennen, dee mol net esou propper ass wéi den Diesel. Jo, Dir kënnt de Kapp rëselen. Et ass awer esou! Lëtzebuerg mécht Taxdumping op der Schëfffaart an hei sot Der de Leit, si sollen hiren Auto stoe loossen, wou ech och nach averstane sinn, dass mer dat mussen reduzéiere mat den Autoen.

Ech hat mer och nach opgeschriwwen ... Huele mer emol déi ganz Weltraumpolitik, d'Arméi, den Tanktourismus. Dir maacht jo nach ëmmer näischt géint den Tanktourismus. Mir schwätzen haut, fir de Verbrennungsmotor ze reduzéieren, ofzeschaffen - wéi Der et herno wëllt nennen - mat 2030. Jo, Dir maacht awer nach ëmmer ... Dir kënnt muer ufänken, aus dem Tanktourismus erausklammen.

■ **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie.*- Mir sinn amgaangen.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Dat kënnt Der ... Ou, ou, Här Turmes, da sot mer emol, wéi dat géif goen.

**(Interruption)**

Da sot mir emol, wéi Der dat géift maachen. Dir sot, Dir sidd amgaangen. Wéini klammt Dir aus dem Tanktourismus eraus? Dir kënnt jo herno an der Äntwert hei soen, wéini zu Lëtzebuerg de Pétrolspräis, den Diesel- a Bensinnspräis, de Brennespräis esou ugepasst ass wéi an eisen Nopeschlänner. Ech mengen, dat géif d'Leit dobauss ganz ferm interresséieren, wéini Dir als Energieminister ...

**(Interruption)**

... hei aus dem Tanktourismus do wëllt erausklammen.

**(Brouhaha général)**

■ **Une voix.**- Nee.

**(Brouhaha général)**

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance.*- Den Här Goergen ...

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- An da kommt Dir heihinner ...

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance.*- ... huet d'Wuert a soss keen.

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- An da kommt Dir heihinner fir Kompensatiounen ...

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ech mengen, hei hat ech awer elo ee getrëppelt.

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- Dat ass dach en Hon, dat do!

■ **M. Yves Cruchten** (*LSAP*).- Nee, mee da sot eis emol, ...

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Da jäizt awer ...

■ **M. Yves Cruchten** (*LSAP*).- ... da sot eis emol, Här Goergen, ...

**(Brouhaha général)**

Dajee!

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance.*- Den Här Goergen huet d'Wuert a soss keen.

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- D'Pirate wëllen also direkt 50 Cent an d'Luucht?

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance.*- Här Goergen, erlaabt Der ...

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- Nee, dat do ass zwar ...

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Do muss een ...

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Also mir sinn derfir, dass de Bensinn méi deier gëtt. Dat hu mer awer schonn e puermol gesot ...

■ **Une voix.**- Ok.

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- Denkt emol un Är Ried vu virun dräi Deeg.

**(Coups de cloche de la présidence)**

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Dat hu mer awer schonn e puermol gesot.

■ **M. Claude Lamberty** (*DP*).- Dat heescht, d'Piraten sinn derfir, dass de Bensinnspräis an d'Luucht geet?

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance.*- Här Goergen, erlaabt Der, dass ...

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Mir sinn derfir, dass aus Ĕmweltgrënn de Bensinnspräis och an d'Luucht geet, jo.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance.*- ... den Här Kartheiser lech eng Fro stellt?

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Jo, den Här Kartheiser kann eng Fro stellen.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Merci, Madamm ...

**(Interruption)**

Merci, Madamm President an ech soen och dem Här Goergen Merci, datt e mer erlaabt, eng Fro ze stellen. Ech gesinn, dat dréit och derzou bäi, d'Ätmosphär am Haus e bëssen ze berouegen.

**(Hilarité)**

Dat maache mer da méi dacks. Ech stellen da méi dacks eng Fro, wann dat esou ass.

Mee ech wollt den Här Goergen froen, ... Wann ech lech also richtig verstanen hunn, Här Goergen, dat ass eigentlech meng Fro: Ass Är Approche, fir datt mir aus dem Tanktourismus erauskommen, datt mer alkéiers hei de Präis vun dem Bensinn, Diesel an esou weider ëmmer op den héchste Präisniveau vun eisen Nopeschlänner mussen upassen, soss fonctionéiert dat jo net?

■ **Une voix.**- Genau!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ass also dat d'Iddi vun de Piraten, datt mer hei am Land ëmmer mussen kucken, wéi och d'Präisevolutioun am Ausland ass, deen héchste Präis huelen, fir datt et net zu engem Tanktourismus kënnt? Ass dat Är Politik?

Villmools merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Also eis Politik ass, dass den Tankpräis zu Lëtzebuerg net soll deen niddregste sinn, fir dass d'Leit herno heihinner tanke kommen. A wa Frankräich oder soss iergendeen eng Mesure hält, fir dass eeben d'Ĕmwelt soll geschount ginn, dass mir déi ënnergruwen ... Dat ass eis kloer Ĕmweltpolitik. An ech mengen, Dir kënnt elo nach eng Kéier op mech klappen: Mir hätte jo och gär eng Autosvignette. Dat soe mer och ganz kloer. Dat heescht, d'Autofueren ... Ënnert de Piraten wäert d'Autofuere méi deier ginn. Dat kënnt Der fir Äre Video verwenden.

Mee ënnert eis wäert et ... Mir hätten och gär eng Autosvignette. Mir fannen et net korrekt, dass hei am Land, nëmme wann een d'Autossteuer hält, déi - do kënnen mer driwwer diskutéieren - zum Deel souguer ze geréng ass, wann een en héijen CO<sub>2</sub>-Ausstouss hätt, ... Mir hätte gär: Wat méi Zylinderen, wat vill méi taxéiert gëtt, fir dass mer déi Autoe vun der Strooss kréien.

Mee mir hätten awer och gär eng Autosvignette, wou all Auto, deen hei d'Stroosse benotzt, misst

eng Tax bezuelen. Dat hu mer schonn oft gesot. Ech mengen, eis geet et net ëm iergendwellech Liken oder dorëm, eis beléift ze maachen. Mir wëllen eng Ĕmweltpolitik maachen.

**(Exclamations et hilarité)**

Jo, Dir kënnt laachen. Mee d'LSAP huet net de Courage fir ze soen, dass mer eppes fir d'Ĕmwelt mussen maachen. Dir sot dann ëmmer: „U, wann een elo seet, de Bensinnspräis misst eropgoen, gëtt een net méi gewielt.“ Dat ass e bëssen esou de Motto.

**(Brouhaha)**

Dat ass e bëssen esou de Motto!

**(Brouhaha)**

Dat ass e bëssen esou de Motto.

■ **Une voix.**- Et ass dach net ...

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- ... virun dräi Wochen hei gefuerdert.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Wat hu mer dann hei gefuerdert?

■ **Une voix.**- Ma Dir hutt Kompensatioune gefuerdert wéinst den Energiepräisser. Jo.

**(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)**

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- Also kommt, et muss een awer iergendwéi mat de Féiss och a politeschen ...

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Mir hu fir déi sozial Schwaach Kompensatioune gefrot. Ech mengen, dat stellt jo keen a Fro ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Hei, wannechgelift, do uewen op der Tribün, Dir musst dat doten ënnerloossen. Merci villmools.

**(Interruptions)**

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Also ech mengen, dat stellt jo awer guer keen a Fro. Ech mengen, mir hunn dat jo awer schonn e puermol gesot, dass ee muss fir déi sozial schwaach Leit d'Energiepräisser offiederer. Ech mengen, dat hutt Dir jo awer och net a Fro gestallt, oder?

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- ... awer net elo soen, mir missten d'Bensinnspräisser eropsetzen, fir da weider ze kompenséieren.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Also ech weess net, Här Baum, ...

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- Entschëllegt, ech loossen lech weider schwätzen. Ech entschëllege mech fir den Awand.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Jo. Sou, bei der Autosvignette war ech jo schonn Dank Ärer Fro.

Mat den Occasiounen, jo ... Also mir fannen net, dass ee soll herno, no 2030, falls dat elo wäert kommen - mir hoffe jo, dass 2030 awer wäert kënnen agehale ginn -, einfach en Occasionsmarché soll ongebrems esou weiderfonctionéiere loossen. Et kann ee sech eng Léisung afale loosse fir Old- a Youngtimer, well dat eeben zu eiser Geschicht gehéiert. Mee wann d'Regierung wierklech wäert higoen an herno den Occasionsmarché vläicht och nach da mat Import loossen, da muss ee kucken, wéi Der dat genau ... Dir kënnt eis jo herno nach Äntwerte ginn. Mir sinn net der Meenung, dass mer dann op en Zil kommen, fir kee Verbrennungsmotor méi hei ze hunn.

Ech mengen, et kann een eis jo elo kritiséieren. Ech hu jo elo gemierkt, wéi d'Stëmmung ass, mee mir soe ganz éierlech, dass mer eraus mussen aus dem Verbrennungsmotor! Ech hu jo elo hei gemierkt, wéi d'Kritik schonn ënnert de Politiker ass. Ech kann lech soen: Wa mer op enger Braderie déi Positioun vertrieben, ass et net besser.

Mee et muss een awer nun emol iergendeng Kéier realistesch sinn an de Courage hunn a soen, dass mer eraus mussen. A mir ënnerstëtzen och d'Madamm Ministesch, wa si elo seet, 2030 solle mir eraus. Dat fënn et eise Support. Also dat ass guer net de Problem. Mee et muss een awer dann och de Courage hunn an dat esou soen. An, jo, ech mengen Dir hutt jo elo iwwer mech gelaacht, mee dozou gehéiert och en Tanktourismus, ...

**(Interruption par la présidence)**

... dozou gehéieren och aner Mesuren.

Merci.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci, Här Goergen.

An elo huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Energie-minister Claude Turmes.

**Prises de position du Gouvernement**

■ **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie.*- Gudde Mëtteg. Gëschter hate mer hei eng Debatt iwwert d'Urgence climatique. Vill vun lech hu fonnt, et misst eigentlech méi schnell virugoen, notamment och den Här Galles.

Een Drëttel weltwäit vum Klimaproblem ass den Transport. Et ass och an der EU esou. Hei zu Lëtzebuerg sinn et 60 % vun eisen CO<sub>2</sub>-Emissiounen, d'Camionen, och vum Transit. Mir hunn awer och

ganz vill Frontalieren, déi op den Auto ugewise sinn, well mer do net iwwerall en ëffentlechen Transport hunn, mee awer och bei de Residenten ... Mir hunn, mengen ech, e bësse méi wéi 430.000 Autoen. An effektiv net ëmmer där klengster. An déi meescht vun deene sinn och nach Diesel. Dat heescht, mir hunn eng extreem grouss Erausforderung an der Mobilitéit.

Ech mengen dat Éischt ass, dass mer natierlech do ... Teleaarbecht ass eng gutt Äntwert drop, landesplaneresch Mesuren, op déi ech elo haut net aginn. Ech mengen, dat, wat d'Madamm Cecchetti gefuerdert huet, maache mer eigentlech schonn: massiven Ausbau vum Zuch, schnellsten Ausbau vum Tram, souguer bis op d'Cloche d'Or an op de Findel an duerno bis an de Minett an och eng Reform vum RGTR, deen de Bus nach méi attraktiv iwwert d'ganz Land mécht.

Mee mir mussen awer och der Realitéit an d'A kucken: Mir wäerten an deenen nächste Joren och hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer ganz vill Leit hunn, déi op den Auto ugewise sinn. Carsharing-Angeboter si mer amgaang auszewäiten, well dat effektiv eng gutt Optioun ass. Ech muss net en Auto besëtzen, fir heiansdo en Auto ze notzen. Mee dat, wat awer kloer ass: Mir mussen kucken, dass déi puer Honnerttausend Autoen, déi mer hunn am Land, an aner Gefierer klimafrëndlech ginn.

Duerfir brauche mer véier Hausaufgaben. Déi Éischt ass: Hu mer ... oder éier ech dohinner kommen: Wéi eng klimafrëndlech Optiounen hu mer? Ech si frou, dass d'Madamm Hansen zrëckkomm ass. Et gëtt keen Diesel a kee Bensinn, dee klimafrëndlech ass! Si mer eis do eens?

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Dat hunn ech net behaapt.

■ **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie.*- D'Biocarburante si keng Léisung, well mer d'Konkurrenz hu mat der Liewensmëttelproduktioun. An da vun der Technik hier: Dat hei geet net ëm Ideologie, et geet ëm Technik. Et geet ëm Physik!

En elektreschen, batterieelektreschen Auto huet e Wirkungsgrad vu 70 % a méi. E Waasserstoffauto huet e Wirkungsgrad vun iergendeppes ronderëm 20 %. An en E-Fuel-Auto huet e Wirkungsgrad, deen ass souguer nach ënner 15 %. An dat Interessant ass: Wann Dir als CSV elo fuerdert, mir solle virun allem op de Waasserstoffauto an op den E-Fuel-Auto setzen, da musst Der esou éierlech sinn an de Leit soen: Dat, wat Dir proposéiert, gëtt méi deier wéi den Diesel- an de Bensinnsauto, während déi Alternativ, déi mir als Regierung virundreiwen, de batterieelektreschen Auto, méi gönschteg ass wéi den Diesel a wéi de Bensinn.

An duerfir ass dat och sozialpolitesch, och fir de groussen Deel vun der Mëttelklass haut: Wann se elo iwwerklammen op batterieelektresch, ass et méi gönschteg ze fueren an der Liewenszäit vun engem Auto, wéi wann se haut bei engem Bensinnsoder engem Dieselauto bliewen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie.*- Dann hu mer ...

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie.*- ... eng Rei Hausaufgaben ze maachen. Dat Wichtigst ass elo, dass mer probéieren, e breede Konsens ze kréien, dass déi Méiglechkeet, déi elo do ass bei den Autoen, batterieelektresch ass. An dass mer dann eis Hausaufgabe maachen an dass mer zesammen alleguerten derfir suergen, dass mer déi Offer, déi mer alleguerten de Leit am Land ubidden, ënnert d'Leit kréien.

Dat Éischt ass: Hu mer genuch Stroum? Jo, mir hu genuch Stroum. Mir hunn och genuch gréng Stroum an deenen nächste Joren. Ech hunn dat gëschter erkläert. Fir eis ass dee wichtigste Stroummarché den däitsche Marché. Déi nei däitsch Regierung geet op 80 % erneierbare Stroum. D'Kuelekraaftwierker ginn ofgeschalt.

An, Här Keup, fir Är Fakenews vläicht e bëssen ze ajustéieren: Bei „myenergy“ gëtt et e Carbon Tracker (veuillez lire: Carboncounter). Do kënnt Der kucke goen. Scho bal haut beim aktuelle Stroummix sinn déi meescht Elektroautoen an der CO<sub>2</sub>-Bilanz besser. Dat sinn net ech, deen dat seet, dat ass den MIT. Déi Datebank ass adaptéiert ginn op Europa. Dir braucht nëmmen dohinner kucken ze goen. Da kënnt Der vläicht eng Kéier och Äre Memberen dann do Reklamm maachen, fir dass se déi richtig CO<sub>2</sub>-Emissiounen an och déi richtig Fakten dozou hunn.

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Très bien!

■ **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie.*- Deen eenzege Problem, deen et gëtt beim Stroum, ass ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Mir wäerten lech domat dann zitéieren.

■ **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie.*- ... deen eenzege, deen et gëtt, dat ass, wann all Mënsch géif zum selwechte Moment säin Auto lueden. An





dat muss ee virusgesinn doduerch, dass een intelligent Bornë mécht. An dat si mer amgaang, massiv ze maachen. An alle Residenzen, déi nei gebaut ginn, muss een en intelligente Bornësystem virgesinn a mir subventionéieren och déi Bornen, déi Intelligenz hunn, méi wéi déi aner Bornen. Dat heescht: Mir anticipéieren dee Problem!

Ech gi lo haut net ze vill an den Detail an op déi „2040 Creos“ an, ech kommen awer gären eng Kéier zrëck an d’Kommissioun, well mer do eng kleng Adaptatioun eventuell maachen an de nächste Méint. An da kommen ech déi eng Kéier an d’Kommissioun virstellen.

Also: Stroum hu mer genuch an en ass och sécher!

Dat Zweet, wat mer brauchen, si genuch Opluetstationen. Mir sinn haut d’Nummer zwee an Europa. Mir hu méi wéi 1.300 Luetstationen am ëffentleche Raum. Elo kommen 88 Superchargeren derbäi, déi ech e puermol am Dag kann notzen, fir ze lueden. Mir hunn „Charge at home“ an d’Madamm Ëmweltministesche geet herno drop an, wéi vill Honnerten - ech mengen, mir sinn och scho bei iwwer Dausend - vun deene mer ënnert d’Leit bruecht hunn.

A mir kréien elo „Charge at work“. Mir hunn e super attraktive Projet ugehall mam Franz Fayot virun dräi Wochen, ënnert dem Applaus a mam Merci vun der UEL an der Chambre des Métiers, dat heescht, d’Tankstellebedriewer, d’Supermarchéen an déi grouss Bürosgebaier si frou, dass se elo matmaache kënnen.

An, just fir lech nach eng Zuel ze ginn, wéi erfolgräich mer am Moment ënnerwee si bei der Elektromobilitéit op den Chargy-Stationen: Am November 2020 sinn 150.000 kWh geluede ginn. Dat war 2020, virun engem Joer. Dëst Joer si geluede ginn: 450.000 kWh - dräimol méi. An ech sinn optimistesche, dass mer déi 500.000 kWh elo nach fir dat neit Joer geknackt kréien. An d’nächst Joer kréie mer nach vill méi Elektroautoen op d’Strooss. An eeben och vill méi Bornen.

Mee déi zwou aner Hausaufgaben: Hu mer genuch attraktiv Autosmodeller? Ech mengen, d’Madamm Ëmweltministesche geet drop an, wéi mer dat um europäeschen Niveau virundreiwen. An dann eeben och dat mat den ëmweltfrëndleche Batterien.

Da wollt ech awer nach zwee Kaddoe verdeelen, wann dat erlaabt ass. Madamm Hansen, ech hunn lech matbruecht: elektresche Trakteren. Dat ass och d’Zukunft. Dat iwwerginn ech lech dann duerno. A fir den Här Keup, ...

**(Hilarité)**

... gutt, also ech weess jo net, ob bei lech iergendeppes, wat een lech gött a wat Der liest, ob dat dann hëllef.

**(Hilarité)**

Hei ass eng Zeitung, ...

**(Hilarité et exclamations)**

... hei ass eng Zeitung, ...

**(Hilarité)**

■ **Une voix.** - Très bien!

**(Coups de cloche de la présidence)**

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.** - ... hei sinn 250 Modeller dra vun Elektroautoen, ...

■ **Une voix.** - A.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.** - ... fir dass Der ophaalt ze behaupten, et géif net fir all Mënsch en Elektroauto ginn.

Ech soen lech villmools Merci.

■ **Une voix.** - O.

■ **Une autre voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - D’Madamm Hansen kritt d’Wuert fir fait personnel!

**(Interruption)**

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo. Villmools merci, Här President. Also ech loosse mer net gäre falsch Wierder an de Mond leeën an dofir reagéieren ech och nach eng Kéier. Also, ech hu gesot: Mir si géint Monokulturen. Dat heescht, et gött net nëmme Stroum. An dofir hu mer gesot: och Waasserstoff an och syntheetesche Brennstoffe. Dat ass déi éischt Ausso. An Dir hutt gesot: „Wat d’Madamm Hansen elo mengt, ass, et dierft ee just nach Waasserstoff huelen.“ Also dat ass dat Éischt, ...

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.** - Sidd Der dann och d’accord, ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - ... wat ech wëll soen.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.** - ... dass déi méi deier sinn ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - An dann ass déi zweet, ...

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.** - ... am Moment wéi de Stroum?

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - ... déi zweet Fro, op déi ech keng Äntwert kritt hunn: Stitt Dir fir de Stopp vum allgemenge Verbrennungsmotor? Dat heescht: einfach kee Verbrennungsmotor méi?

Déi drëtt Fro, déi ech gestallt hunn, op déi ech och keng Äntwert kritt hunn: D’CO<sub>2</sub>-Bepräisung no 2023. An ech sinn och frou, wann ech elo de Prospekt vun den Traktere kréien. Dat heescht ab 2030 wëllt Der och, datt just nach elektresche Trakteren ugemellt ginn?

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - D’Wuert geet zrëck un de Minister. An duerno kritt den Här Keup d’Wuert, och pour fait personnel.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.** - Jo, d’Stoppauer ass gedréckt.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Déi ass gedréckt.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.** - Wonnerbar. Also nach eng Kéier: Technesch kann ech villes maachen. Et gött Waasserstoffautoen. Net ganz vill, mee wann een déi luet op der Tankstell, da gi se méi deier, wéi wann ech haut Diesel fueren. A si si vill méi deier wéi elektresche Autoen. A bei den E-Fuels ass dat genesou deier. An déi E-Fuels, déi mer wäerten an e puer Joer produzéieren, déi brauche mer, fir d’Schëffer vun de Piraten eriwwezehuelen, ...

■ **Plusieurs voix.** - O!

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.** - ... vum Pétrol eriwwer op eppes wat CO<sub>2</sub> ..., well mer do keng aner ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Mir seegelen, Här Minister!

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.** - ... well mer do keng aner Méiglechkeet hunn, ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Mir seegelen!

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.** - ... an och fir d’Fligeren.

Gutt, ech mengen, dës Regierung hat de Courage, an ech mengen, do si mer frou, dass eis ganz Regierung an och d’Deputéiert vun der Majoritéit hannendru stoungen, fir déi CO<sub>2</sub>-Steier anzeféieren. Mir hu elo mol eist gemaach. An da muss déi nächst Regierung, hoffentlech, op deem gudde Wee weiderfueren.

Bei der Landwirtschaft ass et esou, dass do ganz vill ënnerwee ass. Mee et ass net geplangt, och net um europäeschen Niveau, fir do elo quasi dat selwecht ze maache wéi bei den Autoen, well virun allem bei deene ganz, ganz staarken Traktere mussen mer warscheinlech e bëssen ofwaarden.

Wat geschitt bei de Camionen? Dat sinn deelweis déi selwecht Motoren. A wa mer bei de Camionen op groussen Elektromotore sinn, da wäert déi Technologie dann och eriwergoe bei d’Landwirtschaft. An dat ass jo och dann herno flott fir d’Bauern. Si hunn dëst Joer massiv Solaranlage gebaut an da kënnen se déi herno um Haff huelen an da si se autonom. An ech mengen, dat ass ganz, ganz flott fir déi Lëtzebuerger Landwirtschaft!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Da geet d’Wuert un den Här Keup pour fait personnel.

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Jo, merci. Merci, Här President. Bon, ech fannen et e bëssen einfach, Här Turmes, fir, wann een eppes seet heibannen, dat lech elo net esou an de Krom passt, einfach direkt ze soen: „Dat si Fakenews.“ Also, ech mengen, alles wat ech gesot hunn, dat hu mer kloer an däitlech nogekuckt. An dat ass esou. Et gött vläicht Interpretatiounsënnerscheeder. Dat ass an der Rei. Mee fir einfach heibannen ëmmer ze soen: „Fakenews“, do sinn ech net dermat d’accord. An esou sollte mer net matenee schwätzen.

Dat anert, dat ass, da bréngt Der eng Zeitung mat - am Genre „Vläicht liest Der déi dann och emol eng Kéier“ an esou weider an esou fort -, an där anscheinend dann allméiglech Modeller vun Elektromodeller dra sinn, déi fir allméiglech Situatiounen kënnen gebraucht ginn. Abee, da froen ech lech awer elo mol folgendes: An der parlamentarescher Fro Nummer 5100, wann ech mech net ieren, hate mer gefrot, ob elektresche Autoen da kéinte gebraucht ginn an der Lëtzebuerger Police a mir kruten d’Äntwert: „Nee.“ Et géif am Moment keng elektresche Autoe ginn, déi sech géife fir d’Lëtzebuerger Police eegnen. Dat heescht, ech ginn awer dervun aus, dass do de Minister d’Wourecht gesot huet. Dann ass et tatsächlech esou, dass et net fir all Méiglechkeeten, net fir all Gegebenheet elektresche Autoe gött!

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Keup. An d’Wuert geet zrëck un den Här Turmes.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.** - Also ech mengen, wichteg ass ëmmer, dass ee prezis Zuele gött. Dir hutt virdrun zum Beispill vun deem neie Projet „Op Elmen“ geschwat. Do hutt Der falsch Zuelen zitéiert. Well déi Zuelen, déi Der zitéiert hutt, déi muss een ëmmer mat zwee multiplizéieren, well nämlech op all Borne ëmmer zwee

Steckere sinn. An da kënt ee schonn op 60. An dann ass dat natierlech scho ganz aneschters. A mir sinn natierlech och mam Wunnengsbauministère an och mat der SNHBM a Gespräich. Mee iwwerall ginn do eidel Réier ageluecht, fir dass et ganz einfach ass, fir dat nozerüsten.

An ech liesen herno dat no, wat Dir hei am Ufank gesot hutt. An do ass villes, dat net stëmmt! An dat kënne mir och ganz kloer esou dann ...

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Jo? Wat stëmmt dann net?

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l’Énergie.** - ... richtegstellen. A wann Der erlaabt, da ginn ech lech awer och nach d’Zeitung.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Turmes.

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Ass e Policeauto dran?

**(Hilarité)**

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An de Relais fir d’Regierung iwwerhëlt elo d’Madamm Dieschbourg.

■ **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable.** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Härén Deputéiert, bon, fir all Mëssverständnis dann nach eng Kéier aus dem Wee ze raumen - an ech mengen, dass awer scho ganz, ganz vill Virriedner dat gemaach haten -: Dësen Debat ass zustane komm am Kader vun enger Ausso, déi ech gemaach hunn am Kader vun europäeschen Diskussiounen zum Pak Fit 4 55, dee vun der Kommissioun virgeluecht ginn ass a bei deem et ganz kloer ass, dass d’Europäesche Kommissioun e ganze Package verabschit, wéi mer eis Klimaziler sollen erreechen, wéi mer fortomme solle vun de fossillen Energien an dozou gehéiert och en Deel Reglementatioun, bei deem mer iwwert d’Autoe schwätzen.

An et ass nëmme logesch, dass an engem Land wéi Lëtzebuerg, wou, Stand lescht Joer, 57 % vun den Emissiounen am Beräich vun der Mobilitéit entstinn, mer do natierlech als klengt Land, dat och net aleng wäert d’Demande esou kreéieren, dass d’Automobilindustrie a ganz Europa ëmsteigt, wëlle soen: Mir hätte gären um europäesche Plang eppes, wat kredibel ass, wat am Beräich vum Transport och d’Jalone setzt fir Previsibilitéit, souwuel fir de Konsument wéi och de Bierger - an hei zu Lëtzebuerg hu mer en Turnover vu fénnef bis sechs Joer bei den Autoen -, mee awer och Previsibilitéit, dass mer eis Ziler kënnen erreeche mat den Automobilhiersteller, déi amgaange sinn, sech prettzemaachen.

An dofir ass et och ganz kloer, dass Lëtzebuerg mengt - an dat ass eng Positioun, déi d’Regierung och schonn am Kader vun hirem Energie- a Klimaplang festgehalen huet -, dass um europäesche Plang net 2035 dat Joer ass, an deem mer müssen erausklammen, mee Enn 2030. An dat ass och ganz wichteg esou an et ass och richtig! A mir brauchen dat och, fir eis national Ziler kënnen ze erreechen.

An da geet et drëm, dass eis Bierger e grouss Choix kréien. Well trotz Dieselskandal an deene leschte Joren, huet et eng ganz Zäit gedauert, bis d’Automobilindustrie ëmgestallt huet. An dat ass de Kader, an deem mer schaffen. An dat ass och dat, wou mer mengen, dass Europa - schonn aleng well et ëm Aarbechtsplazen an Europa geet, an där doter Industrie -, muss seng Automobilindustrie ëmstellen.

A mir sinn och net blann op engem Sujet, deen och de Mëtten ugeschwat gouf vu verschiddene Riedner, an dat sinn d’Batterien. 2020 huet d’Kommissioun, an dat waren deemools, mengen ech, souguer véier Kommissären, déi opgetruede sinn, eng nei Strategie fir nohaltig Batterien op den Dësch geluecht, wou d’ganz Liwwerkette gekuckt gött. Well mir därferen net ignoréieren - mee dat göllt net nëmme fir eis Gefierer, dat göllt och fir all aner Elektrogeräter, wou och Batterien dra sinn -, dass mer mussen Batterien hierstellen, bei deene mer den Ufank kucken: dat heescht wou se hierkommen, dass héich Standarden agehale ginn am Ufank vun där Ketten, dat heescht Mënscherechter an Ëmweltrechter respektéiert ginn.

An zweetens, datt déi Materialien, déi do dra sinn ..., dass do e Kreeslaf entsteet. An dat ass dat, wat säit Enn 2020 um europäesche Plang debattéiert gött, an, jo, och do wëlle mer déi héchst Ambitiounen. Dat ass net nëmme d’Mobilitéit, wou mer soen: Mir brauchen elo besser Reduktiounsziler, wann et ëm d’CO<sub>2</sub>-Emissiounen vu Gefierer geet ... Dat ass d’aillours e ganz wichtege Aspekt och fir d’Liewensqualität an eise Stied. Well dat, wat mer hei net soen, dat ass, dass d’Elektromobilitéit och e grouss Rôle spillt bei der Liewensqualität, bei der Loftqualitéit. Dat kënnen d’aillours aner Kraaftstoff net. Dat muss een och soen.

Dofir mengen ech, ass awer hei d’Positioun méi wéi kloer. An ech sinn immens frou, dass eigentlech an dësem Raum eng ganz breet Zoustëmmung ass. An dofir ass et awer och immens wichteg, déi Previsibilitéit an dee gemeinsamen Effort fir eng aner Mobilitéit, an et ass vëlleg richtig, d’Madamm Empain

huet dat richtig gesot an anerer och - d’Madamm Cecchetti ënner anerem och -, mir brauchen och aner Saachen: Carsharing, awer virun allem och eriwwer op den ëffentlechen Transport, dee jo hei gratis ass, wou mer héich Investitiounen hunn. Well d’Angebot muss dat richtig sinn. An dann natierlech och déi duuss Mobilitéit.

An dofir ass et ganz kloer: Wou si mer national? Jo, mir sinn nach net do, wou mer wëllen. Ech nennen lech awer gär e puer Zuelen. Wann Der 2018 kuckt, do waren 2 % vun den neien Autoen Elektrogefierer, 2020 11 % an 2021, do si mer scho bei 19,6 %. Dat heescht, 9,6 % vun den nei ugemellten Autoen, déi si ganz elektresch, 10 % Plug-innen. Dat heescht also, dass mer a ganz kuerzer Zäit, an ech wëll dat nach eng Kéier ënnersträichen ..., ech mengen de Max Hahn, dee sot: „Et war eng reegelrecht Explosioun vun neien Autoen“. All fënneften nei ugemellten Auto hei zu Lëtzebuerg ass haut schonn amgaangen, en Elektroauto oder Plug-in-Hybrid ze ginn.

Awer do wëlle mer usetze fir weiderzekommen. Hei zu Lëtzebuerg hu mer e schnelle Wiessel. Ech mengen, mir müssen de Leit haut richtig Signaler ginn, a wéi eng Richtung et geet. A mir mussen se och ënnerstëtzen. An och do wëll ech lech soen: D’Regierung huet mëttlerweil 28 Milliounen Euro Subside vergi fir 6.000 Autoen an dovunner sinn der 22 Milliounen aleng an dësem Joer.

D’Zuele bei de Vëloen an de Pedelecke kennt Der jo schonn. Do si mer e bëssen en retard. Mee och do si mer bei néng Milliounen, déi awer de Bierger zeguttkomme fir eng aner Mobilitéit.

A bei de Bornen hu mer 1.200 Demandë virleien. An de Claude Turmes huet et lo just scho gesot, och dat neit Angebot, wat elo ënnerwee ass, dat gött gutt ugehall.

Et göllt also wierklech, d’Infrastrukturen auszebauen, fir dee Shift hinzekréien, déi ëffentlech wéi awer och d’Privatleit ze ënnerstëtzen. Et göllt, ze investéieren an eng aner Mobilitéit. An da göllt et natierlech, all Acteure matzehuelen. An dofir hu mer jo och eng Initiativ gemaach an deene leschte Joren, déi heescht „Stroum beweegt“. An ech mengen, dass mer hei wierklech eng Chance hunn zu Lëtzebuerg, wa mer eis op de Wee wëlle maachen, da gi mer eis déi néideg Instrumenter, souwuel reglementaresch - d’CO<sub>2</sub>-Bepräisung ass ugeklongen -, mir ginn eis d’Méiglechkeeten, d’Leit an déi Transitioun mat eranzehuelen.

A wat wichteg ass, ass, mengen ech, dass mer dann och als Politik gemeinsam verbesseren. Ech wëll ganz kloer soen: Och an dem Beräich vun der Mobilitéit ass et wichtig, dass mer d’Leit net veronsécheren, mee éischter Loscht maachen, fir mat op aner Weeër ze goen. Domadder mengen ech natierlech net nëmme Elektro-, mee emissiounsfräi Mobilitéit, ob et elo mam Auto, mam Vëlo oder mam Zuch ass. An dofir merci fir dës Debatt.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci der Madamm Ëmweltministesche Carole Dieschbourg. An da Pa-  
role après ministre fir d’Madamm Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Ech maachen et ganz kuerz. Ech wëll just agoen op den ëffentlechen Transport, well eebe gesot ginn ass, et géife ganz vill Suen an den ëffentlechen Transport gestach ginn. Mir gesi jo, wat ëmmer alljoers dragestach gött. Dat ass richtig. Mee op där anerer Säit därf een awer wierklech virun der Realitéit d’Aen net verschléissen, wann een all Dag op der Strooss kuckt vun der belscher Grenz aus u bis an d’Stad: Stau. Vun der franséischer Grenz aus u bis an d’Stad: Stau. Vun Esch aus u bis an d’Stad: Stau. Also dann denken ech, muss awer nach vill méi geschéien am ëffentlechen Transport, respektiv muss ee vläicht kucken, ob d’Suen da vläicht op enger falscher Plaz investéiert ginn. Ech weess et net.

Awer ech kann aus Erfahrung dovunner schwätzen, ech huelen all Dag den ëffentlechen Transport, ech probéieren, bal ni den Auto ze huelen, a wann een en Hallef-Stonnen-Takt huet an oft falen Zich aus oder si kommen Tonnen ze spéit an et muss een eng Dräivéierelsstonn nach fueren - nëmme mam Zuch! - an da muss een nach e Bus huelen oder en Tram huelen oder wat weess ech wat huelen, dann ass dat fir mech keen attraktiven ëffentlechen Transport. A wann ech de Bus wëll huelen, da stinn ech mat den Autoen am Stau. An dat ass fir mech och net ëffentlechen Transport, deen attraktiv ass.

An ech menge wierklech, wa mer der Realitéit an d’A kucken, wësse mer heibannen alleguer, respektiv déi, déi den ëffentlechen dann och huelen ..., ech bieten all déi aner mol, méi oft den ëffentlechen ze huelen, da gesi se selwer, wou d’Problemer leien, well déi Leit, déi en huelen, wësse genau, wou d’Problemer leien. Do gött et awer, mengen ech, nach ganz, ganz, ganz vill ...

**(Interruption par la présidence)**

... Loft no uewen. An ze soen, och elo den Tram bis op Esch ass genial, mee vläicht muss een och ku-





cken, fir en Tram an aner Richtungen ze huelen, vill méi wäit eraus, wou ee vill Leit mat op de Wee kritt fir hei an d'Stad, a fir d'Dezentraliséierung natierlech.

Mee wierklech: Et si Leit, déi kënnen net mam ëffentleche fueren. An dofir ass et, wéi ech och virdu gesot hunn, ...

**(Interruption par la présidence)**

... wichtig, aner Moyenen ze hunn, wa mer gären hätten, datt de Gebrauch vum Auto reduzéiert gëtt, an dee muss reduzéiert ginn, well ...

**(Interruption par la présidence)**

... mir si fënnef op zwielef.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An da ginn ech Pa-role après ministre fir den Här Keup.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Jo. Merci. Merci, Här President. Ech wollt do kuerz awer eppes soen. Mir sollten eppes net duerjerneegeheien, an dat ass déi Saach mat engersäits Elektroautoen an anerersäits dann dat, wat een Hybrid Plug-in-Autoen an esou weider nennt. An Dir hutt virdrun och vu Fakenews geschwat. Dat war den Här Turmes. Ech hat virun e puer Wochen eng Broschür a menger Bréifkëscht vun deene Gréngen an do war eng Kurv dran an do stoung, mir wieren elo, ech weess net méi genee d'Zuel, bei 16 % Elektroautoen. Abee, en Hybrid Plug-in-Auto ass awer net en Elektroauto. Dee ka wuel och elektresch fueren, fiert dat awer meesch tens och net, a verschiddene Fäll souguer ni. En Elektroauto ass par définition en Auto, dee just elektresch fiert. An do sollte mer déi aner och net mat aschleissen, fir d'Zuele méi schéin ze maachen, wéi se sinn.

Mir begrëissen och, dass Elektroautoe vill benotzt ginn. Et gëtt och vill Situatiounen, wou se och Sënn maachen, grad wann een an der Stad wunnt. Ech mengen, dat ass do eng ganz praktesch Saach. A wann de Portmonni dat hiergëtt: firwat net?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Keup. Wëllt d'Regierung dorop reagéieren? Dann ass dese Punkt ofgeschlossen.

**Motion 1**

Mir müssen awer nach zur Motioun kommen, déi vum Här Keup deposéiert ginn ass. Wëllt nach een zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? D'Madamm Stéphanie Empain.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech wollt elo net méi allze vill zu der Motioun selwer soen, well ech mengen, jiddereen, dee menger Ried nogelauschtert huet, ka verstoen, firwat mer dës Motioun, an där Form, net matdroe kënnen.

Merci

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Empain. Dann huet den Här Goergen d'Wuert gefrot.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Ech mengen, et ass elo zwee Joer hier, dunn hate mer an enger Mobilitéetskommissioun schonn eng Kéier driwwer geschwat, fir et an den Text 2030 ze setzen. Mir Piraten haten dat deemools gefrot. Leider gouf et deemools net ugehall. Mee dofir kënne mer awer genau de Contraire haut maachen, wat hei d'ADR fuerdert, fir der Regierung ze soen: Stopp. Nee, mir fuerderen d'Regierung souguer op, weiderhin déi aner Länner ze iwwerzeegen, fir mat op de Wee vun 2030 ze goen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Et ass dee Wee, dee mer solle goen.

A just fir der ADR eng Kéier kuerz ze soen: Kuckt eng Kéier, dat do si jo elo nach néng Joer, kuckt eng Kéier néng Joer zrëck, wou mer waren, wou mer an néng Joer kënne sinn, wann dat heiten dann a Kraaft géif treden. Also dat ass eng ganz aner Geschicht.

Deementspriechend: Mir müssen aus deene Verbrennungsmotoren eraus. Ech weess, dass dat Verschiddener emotional betrëfft, dass déi dorun hänken, mee mir müssen awer do eraus, wa mer eise Planéit wëlle retten.

Merci.

■ **Une voix.**- Genau.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Goergen. Dann hat den Här Minister Claude Turmes d'Wuert gefrot.

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.**- Also ech mengen, et ass kloer, dass mir vun der Regierung déi Motioun hei net ënnerstëtzen. Mee wann et schonn eng Motioun gëtt, sollt se fachlech awer

richteg sinn. An duerfir misst op d'mannst hanne bei „fuerdert d'Regierung op“ stoen: „hir Aktivitéit fir e Stopp vun den Neumeldunge vun Autoe mat Verbrennungsmotor vun 2030 un um europäeschen Niveau zrëckzezéien“. Well dat ass nämlech dat Eenzezt, wat legal méiglech ass.

**(Interruption)**

An et ass och dat, wat d'Regierung wëlles huet.

An dat, wat Dir hei geschriwwen hutt, ass esou ambigu, wéi viles vun lech!

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Nee. Dat ass schonn ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Turmes. An dann huet d'Madamm Myriam Cecchetti d'Wuert gefrot.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Jo. Merci, Här President. Ech wollt och soen, datt mir déi hei natierlech och net matstëmmen. Well hei steet och esou en Ausdrock „déi grouss Majoritéit“. Wat fir eng Quell gëtt do zitéiert? Wou weess een, wat déi grouss Majoritéit denkt a wëllt maachen?

Geet dat op déi Immatrikulationszuelen do zrëck? Ma d'Leit ersetzen hiren Auto, wann et Zäit ass, en ze ersetzen. Si ersetzen en net, wa se eréischt en neie kaf hunn. An dat ass och richteg. An dat ass och gutt esou. Well dat huet och eppes mat CO<sub>2</sub>-Emissiounen ze dinn. Aner Leit hunn iwwerhaapt keng Suen, fir sech en Elektroauto ze kafen.

An d'Privatautonomie: Wou fänkt déi un? Wou hält déi op? Bei enger Klimaurgence, déi am Raum steet, wou et ëm d'Iwwerliewe vun der Spezies Mënsch geet, mengen ech, muss ee global an zsummen als Gesellschaft un engem Strang zéien a sou séier wéi méiglech aus deem Verbrennungssystem erauskommen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Cecchetti. An da geet d'Wuert un d'Madamm Martine Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci. Ech hu ganz klor gesot: Mir sinn och fir en Aus vum fossille Verbrennungsmotor. An ech weess nach ëmmer net, ob deen allgemenge Verbrennungsmotor ..., wéi d'Positioun do vun der Regierung ass. 2030, ob dat realistesch ass, wësse mer och net genau. An dofir wäerte mer eis enthalten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hansen. An da ginn ech nach eng Kéier d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Merci. Merci, Här President. Ech wollt awer kuerz op dat agoen, wat och den Här Turmes gesot huet. Also ech mengen, hien ass jo éischter als grouss Visionär bekannt. A fir hei elo e bëssen, dann do, soen ech elo mol, lerbess seichen ze goen an ze zielen ... Ech mengen, et ass kloer, dat hat ech och an der Ried gesot, dass mer nëmmen eng Méiglechkeet hunn, wa mer dat wëlle maachen. An dat ass, dat op europäeschem Plang ze maachen. Duerfir hu mer dat och net hei derbäi geschriwwen.

Dat anert ass natierlech, wéi mer virdrun och gesot hunn: Realistesch schéngt eis dat heiten net ze sinn.

Zum Zäitplang: d'Piraten hunn dovu geschwat, wat virun néng Joer war an esou weider. Kuckt emol, wéi laang mir brauchen, fir ganz banal Saachen hei am Land ëmzesetzen, fir Saachen ze bauen. Ech wëll elo ...

**(Brouhaha)**

... Beispiller ginn: Ech mengen, hei si mer och an esou enger Situatioun a mir sollten e bësse méi realistesch sinn, well iergendwann, wann een ëmmer esou Datumer virgëtt, déi een net kann anhalen, da gleewen d'Leit engem näischt méi.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Keup.

Ech mengen, mir kënnen elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Da kéime mer elo zum Vote par procura-tion. De Vott ass ofgeschlossen.

An dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme 35 Nee-Stëm-men an 20 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain,*

*Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo) et Claude Wiseler.*

## 5.7499 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés visant à insérer un registre de transparence dans le Règlement de la Chambre des Députés

Mir kommen elo zum Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement 7499 iwwert d'Aféierung vun engem Registre de transparence. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här André Bauler, deen de Rapporteur vum Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement ersetzt. A wie kéint dat besser maachen, wéi hien! Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission du Règlement**

■ **M. André Bauler (DP), en remplacement de M. Roy Reding (ADR), rapporteur.**- Merci, Här President, fir déi léif Wieder an d'Vertrauen. Léif alleguer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi gesot, well de President vun der Reglementskommissioun haut net hei ass, hunn ech de Moie vun der zoustänneger Kommissioun d'Aufgab kritt, fir de mëndleche Rapport a senger Plaz ze iwwerhuelen. Dir gesitt, ech kommen e bëssen zu dësem Rapport wéi d'Jongfra zum Kand. Mee gutt, komme mer direkt zur Saach.

**(Brouhaha)**

Ëm wat geet et also, ...

**(Hilarité)**

... bei dëser Proposition de modification, ...

**(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)**

... vun eisem Chambersreglement? Majo, et geet ganz prezis, ...

**(Brouhaha)**

... ëm d'Aféierung vun engem Transparenzregëster, dee mer an d'Reglement vun der Chamber aschreiwen.

En Deel vun der parlamentarescher Aarbecht besteet, ënner anerem och doranner, fir mat diversen Acteuren a Kontakt ze treden, mat Privatleit, mat Veräiner, Fondatiounen, Federatiounen an och mat sougenannte Lobbyisten, Persounen, déi sech selwer oder anerer, Drëttpersounen also, déi prezis Interessen hunn, vertrieeden a wëllen Afloss op d'Politik oder déi legislativ Aarbecht huelen.

All dës Leit kënnen, opgrond vu perséinlechen Erfarungen oder och aus hirer Aktivitéit eraus, un d'Membere vum Parlament, also op eenzel Deputéiert aus deene verschiddene Parteien a Sensibilitéiten, eruntrieden. Dat ka mol sinn, fir Informatiounen ze froen, dat kann och sinn, fir op Mësstänn a Feelentwécklungen opmierksam ze maachen, dat kann awer och ganz einfach sinn, fir Fuerderungen ze stellen a prezis Interesse wouerzehuelen.

Wann eng Privatpersoun dat mécht, gëtt dat dacks als normal ugesinn. Als Member vum Parlament ass et eis Aufgab, op d'Froen an d'Suerge vun de Bierger anzegoen. Wann awer e Lobbyist un e Parlamentarier eruntrëtt, gëtt dat dacks mat engem virsiichtegen, jo, kritesche Blëck gekuckt, well mat deem Wuert Lobbyismus an de Käpp vu ville Leit ganz dacks negativ Bewäertunge matschwéngen.

D'Zil vun den Ännerungen, déi mat dëser Proposition de loi agefouert ginn, ass et, dës Kontakter an en transparente Kader anzeschreiwen. Dat soll also eng kloer Rumm sinn, fir déi Persounen an déi Gruppementer, déi en Deputéierten approachéieren, fir Interessen ze benennen an ze verdeedegen. Duerch dëse Kader soll d'Vertraue vum Bierger an d'Politik erëm gestärkt ginn, andeems fir méi Transparenz gesuergt gëtt.

Zu der Aarbecht an der Kommissioun: D'Proposition fir d'Modifikatioun vun eisem Reglement an dësem prezise Kontext ass den 20. November 2019 vum Här Sven Clement eragereecht ginn. Den 29. November 2019 gouf se du vun der Presidentekonferenz an d'Reglementskommissioun verwisen. Dës huet dunn an de Méint Mee bis Juni 2021 um Text geschafft.

De President vun der Reglementskommissioun hat och zesumme mam Sekretariat vun der Kommissioun en Dokument ausgeschafft, dat op vereenzelt

Problematiken am Beräich vum Lobbyismus agaan-gen ass. Der Chamberverwaltung e grouss Merci fir all hir Beméiungen an hir Berodung an dësem Zesammenhang.

Am Abrëll 2021 huet d'Kommissioun dem Här Clement seng Propos zrëckbehalen, fir e Lobbyregëster an en Transparenzregëster ëmzewandelen, dat och, wéi am schrëftleche Rapport ze liese steet, fir dësem Projet eng méi ambitiéis Dimensioun ze ginn.

Ab dem 11. Mee 2021 ass dunn un dësem neien Text geschafft ginn. An der Sëtzung vum 22. Juni vun dësem Joer war den Här Roy Reding als Président-rapporteur genannt ginn. En huet och en éischte Rapport virgestallt, deen deen Ament och eestëmmeg ugehall gouf.

Opgrond vun engem juristeschen Avis, deen d'Konformitéit vun dësen Ännerungen, dëse Modifikatiounen mat eiser Verfassung a Fro gestallt huet, hunn d'Deputéiert vun der CSV drëms gebieden, fir den Text nach eemol duerchzegoen. An dat gouf dunn och vun de Membere vun der Reglements-kommissioun zesumme mat der Institutionskommissioun gemaach.

Déi néideg Upassunge sinn du virgehall ginn, an d'Reform vum Text, wéi en elo virun lech läit, sui-véiert dann och d'Recommandatiounen vum GRECO, dem Groupe d'États contre la corruption.

D'Kommissioun huet decidéiert, datt déi eenzel Kontakter net müssen ëffentlech gemaach ginn, mee datt Interessevertreieder sech müssen an e Regëster aschreiwen. Ech hat schonn um Ufank vu menger Ried gesot: D'Modifikatiounen sinn drop ausgerichtet, fir méi Transparenz an déi parlamentaresch Aarbecht ze kréien, fir méi prezis ze sinn, fir méi Transparenz ze kréien an de Kontakter, déi d'Deputéiert ënnerhalen, besonnesch am legislative Prozess, wann also un engem Gesetz geschafft gëtt. Heifir gëtt dann elo bei der parlamentarescher Verwaltung en Transparenzregëster opgesat, wou Persounen, déi op déi legislativ Aarbecht Afloss wëllen huelen, sech müssen aschreiwen, an zwar virun all organiséierte Kontakter mat engem Deputéierten, enger Fraktioun oder enger Sensibilitéit. Heivun ausgehall sinn natierlech eenzel Persounen, déi en Deputéierten oder eng Deputéiert dobaussen op der Strooss oder spontan um Telefon uschwätzen oder hinnen iwwer hir perséinlech Situatioun oder déi vun anere Leit erzielen.

Komme mer dann zu den eenzelnen Artikelen. Am éischten Artikel gëtt festgehalen, datt all Deputéierte sech un d'Reegele vum Transparenzregëster muss halen. Hei spillt et och keng Roll, ob e Kontakt bannent oder ausserhalb vun der Chamber stattfindt: am Büro vun enger Fraktioun zum Beispill oder enger Sensibilitéit, am Restaurant, am Café, an engem Veräinssall oder zum Beispill a private Raimlechkeeten. All Deputéiert an all geplangte Kontakt si vun dëse Reegele beträff, wann d'Zil vum Kontakt eng Aflossnam op déi legislativ Aarbecht ass.

Den zweeten Artikel féiert dann d'Transparenzregëster an a reegelt och deem seng Modalitéiten. All Persoun, déi mat engem Deputéierten a Kontakt trëtt, fir Afloss ze huelen op déi politesch Aarbecht, op de politesche Prozess, muss sech obligatoresch am Virfeld, also au préalable, am Transparenzregëster agedroen hunn. Hei bleift allerdéngs ze preziséieren, datt d'Europadeputéiert, staatlech Institutiounen, kommunal an interkommunal Autoritéiten oder och d'Chambres professionnelles - d'Berufskummeren, wéi mir soen - net vun dëser Obligatioun beträff ginn oder sinn. Och Persounen, déi vun engem Deputéierten oder vun der Chamber consultéiert gi fir e juristeschen, en techneschen oder professionelle Rot, falen net ënnert dës Bedéngung.

Den Transparenzregëster ass dann och ëffentlech a ka vun de Leit dobaussen iwwert de Site vun der Chamber consultéiert ginn. Et ass d'Verantwortung vun deenen eenzelne Persounen, Associatiounen a sou weider, fir sech an de Regëster anzedroen. Domat, datt si sech androen, gi si dann och un, datt hir Date richtig sinn. Si erkläre sech averstane mat der Publicitéit vun eenzelnen Elementer a si hunn awer och d'Recht, fir sech zu all Ament aus dësem Regëster sträichen ze loossen. D'Responsabilitéit läit, wéi gesot, bei den eenzelne Kontakter. Par contre ass et d'Responsabilitéit vum Deputéierte fir sécherzestellen, an dat ier e Kontakt stattfindt, datt dës Aschreiwung och gemaach ginn ass. Sollt dëst net de Fall sinn, muss den Deputéierten oder d'Deputéiert déi betreffend Persounen - wuelgemierkt physisch a moralesch Persounen - dorobber opmierksam maachen.

Eng weider wichtig Umierkung wier nach ze maachen, an do wiere mer dann och scho bei den Artikelen 3 a 4 vun dëser Proposition: Eng Kommissioun kann ëmmer decidéieren, fir extern Persounen oder Gruppen ze héieren, wann iwwer e Gesetext geschwat gëtt. Sollt allerdéngs e Kontakt mat enger externer Persoun oder engem Grupp en Impakt op e legislativen Text gehat hunn, da muss den Deputéierten dat an der Kommissioun soen an de Rapporteur kann dat, le cas échéant, och a sen-





gem schréfftleche Bericht erwänen. Dëst nach eemol, fir seng legislativ Aarbecht an aller Transparenz ze garantéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, heimat wier ech dann och um Schluss vum mëndleche Rapport ukomm. Ech hoffen, datt ech näischt vergëss hunn. Fir all weider Detailer verweisen ech op de schréfftleche Rapport vum Président-rapporteur a soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- An ech wëll dem Président-rapporteur f.f. (ndlr: Président-rapporteur faisant fonction) Merci soen, datt en agesprongen ass, a merci fir säi klore, prezise Rapport.

An ech ginn d'Wuert weider un den éischten ageschriwwene Riedner an dat ass dann den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Léon Gloden (CSV)**.- Merci, Här President. Ech soen och dem Rapporteur f.f. Merci fir säin ausféierleche Rapport, en ass an all Detail vun den Article gaangen. Da brauch ech dat net nach eng kéier ze widderhuelen.

Här President, d'Politik ass do fir d'Gesellschaft. D'Politik ass do, fir de Leit nozelauschten, op hir Suergen anzegoen an ze handeln. D'Politiker, also mir alleguer heibannen, komme mat ville Leit am Alldag zesummen, sief et mat Vertrieeder vun ONGen, sief et mat Vertrieeder vu Wirtschaftsorganer, sief et mat Vertrieeder vun anereren Associatiounen. Dat ass och richteg, well mir als Politiker, mir beweegen eis jo net an engem lofteidele Raum, mir liewen net an enger Parallellwelt.

An der Verfassung am Artikel 50 steet, datt en Deputéierte kengem Rechenschaft schëlleg ass, mee datt en aleng dem Intérêt général vum Land ze dengen huet, en Artikel, deen och an der iwwerschafter Verfassung wäert stoe bleiwen. De GRECO huet scho méi laang drop higewisen, datt Lëtzebuerg, d'Chamber an awer och d'Regierung, sech soll e Lobbyregëster respektiv, wéi mir dat elo nennen, en Transparenzregëster ginn.

Ech wëll awer och op dëser Plaz drun erënneren, Här President, datt mer schonn eng Dispositioun an eise Code de conduite hunn, nämlech den Artikel 5, an dat säit 2014, wou eeben drasteet, wann ee mat Vertrieeder zesummekënn an dat huet eng Influenz op den Text, datt een dat muss deklaréieren. A wann en Deputéierten en Intérêt an engem Text huet, dann däreft en opgrond vu sengem Conflit d'intérêt net mat ofstëmmen.

Mir haten, an de Rapporteur f.f. ass dorobber agaangen, en Text, hien huet en „en ambitieusen Text“ genannt, wou mer och en éischten Accord an der Kommissioun drop haten, dee mer awer nach eng kéier juristeschen analyséiere gelooss hunn, well mer der Meinung waren: Wa mer eppes maachen, muss et ëmsetzbar sinn, et muss Kapp a Fouss hunn, a mir sinn zur Schlussfolgerung komm, datt mer vläicht besser hunn, e Schratt zrëckzegoen, fir duerno besser no vir ze goen. Am éischten Text stoung effektiv, datt d'Deputéiert selwer dem Chamberspräsident pro Mount Rapport maache mussen, mat wem se sech getraff hunn.

En zweete Punkt: An deem éischten Text stoung, datt am Fong all Kontakt mat all Persoun, och enger eenzelter Persoun, déi elo net wëllt Influenz huelen op en Decisiounsprozess vun der Chamber oder op de legislative Prozess, misst do ugi ginn. Am Kloertext heescht dat: Wann ech de Jempi Muller an der Groussgaass begéinen an dee freet mech, ob ech em kann Hëllef bei senger Pensioun, well en do Problemer huet mat enger Verwaltung, dann hätt ech dat ënnert dem éischten Text misse fir d'éischt an deem Transparenzregëster deklaréieren. An dann hätt ech gekuckt, fir em kënnen ze hëllef. Dat ass jo keng Decisioun, wou ech an de legislative Prozess agräfen oder an den decisionelle Prozess vun der Chamber. A fir eis als CSV an och fir déi aner Kolleegen, mengen ech, war et awer wichteg, datt den Deputéierte weiderhi kann, wéi den Artikel 50 et seet, a senger totaler Independance säin Amt ausüben an datt en dee Kontakt mat dem Bierger, mat der Biergerin weiderhi kann oprechterhalen. An duerfir ass de Punkt, an de Rapporteur f.f. huet deen eng kéier prezisiéiert an et steet och ganz kloer an de Considérations générales vun dësem Projet, datt eeben dee Kontakt net an de Champ d'application vun dësem Text fält.

Des Weideren: E fundamentalen Ënnerscheed tëschent dem éischten an dem zweeten Text ass, datt am éischten Text eng Rei Bedenken vum Point de vue Protection vun de perséinlechen Daten hier waren, well eeben net drastoung, datt ee sech ka vun dësem Regëster sträiche loosson. Dat war fir eis och e wichtige Punkt, datt, wa lo eng Persoun sech an dee Regëster andréit a se wëllt eeben herno net méi a Kontakt triede mat den Deputéierten, se sech aus deem Regëster sträiche loosse kann, sou wéi et am Fong an den allgemenge Bestëmmunge vun dem Gesetz iwwert den Dateschutz drasteet.

Dofir, Här President, gëtt meng Partei och den Accord zu dësem Text. Ech wëllt awer och eng Resolution an eng Motioun deposéieren. Fir d'éischt d'Resolutioun, déi festhält, datt mer no engem Joer eng kéier de Bilan zéien: Wat ass gutt gelaf? Wat ass net esou gutt gelaf? A le cas échéant da vläicht nobesseren.

An ech wëllt och eng Motioun deposéieren, déi dann un d'Regierung gericht ass, well och d'Regierung gëtt reegelméisseg am GRECO-Rapport, fir d'lescht 2020, opgefuerdert, och esou en Transparenzregëster anzeféieren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Léon Gloden (CSV)**.- Ech erënneren och drun: An der iwwerschafter Verfassung steet ganz kloer, datt d'Chamber d'Regierung kontrolléiert. A fir eng Égalité des armes ze hunn, fuerdere mer dann och d'Regierung hei mat där Motioun op, endlech dee Code de déontologie, dee Code de transparence bei hinnen anzeféieren.

Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

#### Résolution 1

« Évaluation du fonctionnement du registre de transparence »

La Chambre des Députés,

- vu la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés n° 7499 visant à insérer un registre de transparence dans le Règlement de la Chambre des Députés ;

- vu les rapports parlementaires y relatifs ;

- considérant qu'il importe d'examiner dans un laps de temps raisonnable le respect et l'application du texte réglementaire ayant trait au registre de transparence, décide

- de procéder à une évaluation du dispositif réglementaire susvisé un an après son entrée en vigueur.

(s.) Léon Gloden, Diane Aehm, Martine Hansen, Gilles Roth, Marc Spautz.

#### Motion 1

« Code de déontologie des membres du gouvernement et des hauts fonctionnaires »

La Chambre des Députés,

- revu le rapport de conformité du Groupe d'États contre la corruption (GRECO) adopté dans le cadre du cinquième cycle d'évaluation, intitulé « Prévention de la corruption et promotion de l'intégrité au sein des gouvernements centraux (hautes fonctions de l'exécutif) et des services répressifs » et publié le 6 novembre 2020 ;

- considérant qu'il en ressort que le Gouvernement avait rédigé un avant-projet de Code de déontologie applicable aux membres du Gouvernement et aux hauts fonctionnaires aux fins de la mise en œuvre des recommandations i à xi ;

- que le GRECO était venu à la conclusion que les mesures proposées ne permettaient de mettre en œuvre les recommandations en question (sur les neufs recommandations, seule une avait été mise en œuvre de manière satisfaisante, sept ont été partiellement mises en œuvre et une n'a pas été suivie d'effet) ;

- que la recommandation v. ayant trait aux contacts avec les lobbyistes, le GRECO avait invité le Gouvernement à

« (i) introduire des règles détaillées sur la manière dont les ministres et les hauts fonctionnaires dans la carrière politique entretiennent des contacts avec des lobbyistes et autres tiers cherchant à influencer les activités législatives et autres du Gouvernement ; et (ii) divulguer des informations suffisantes sur l'objet de ces contacts, comme l'identité des personnes avec lesquelles (ou pour le compte desquelles) la rencontre a eu lieu et l'objet précis des discussions » ;

- que le Gouvernement a, en réponse à cette recommandation, signalé que le nouveau code de déontologie des membres du Gouvernement et des conseillers prévoit (i) la mise en place d'un registre des entrevues ayant lieu entre ceux-ci et des représentants d'intérêts avec, (ii) la centralisation et la gestion dudit registre par le secrétariat du Premier Ministre et (iii) une publication de ces informations sur le site gouvernement.lu,

invite le Gouvernement

- à adopter le nouveau code de déontologie et à le rendre opérationnel dans les meilleurs délais.

(s.) Léon Gloden, Diane Aehm, Martine Hansen, Gilles Roth, Marc Spautz.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Gloden. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här André Bauler, dës kéier als Vertrieeder vun der DP-Fraktioun.

■ **M. André Bauler (DP)**.- Merci, Här President. Léif alleguer, wann d'Chamber haut hiert Reglement

upasst, fir kloer Transparenzreegelen anzeféieren, dann ass dat sécherlech net vu Muttwëll. Schliisslech geet et drëm, fir all déi Acteuren ze identifizéieren, déi Afloss wëllen huelen op de gesetzlechen, de legislative Prozess. Dat ass fir meng Fraktioun vu grousser Wichtigkeet, well domat fir d'Bierger eis Aarbecht, eis aldeeglech Aarbecht heibannen, eis parlamentaresch Aarbecht, méi novollzéibar gëtt. Si gëtt, wéi den Numm vum Regëster et scho seet, méi transparent. Dat stäerkt eist Parlament an d'Vetraue vun de Wieler an eis Aarbecht.

Mat dëser Ofännerung vun eise Reglement komme mer dann och enger, wéi ech et schonn als Rapporteur f.f. gesot hunn, Recommandatioun vum Conseil de l'Europe no, méi genee eeben dem GRECO. Beispiller vun Transparenzregëster gëtt et der e sellegen, um Niveau vun der Europäescher Unioun an awer och zum Beispill bei eise belschen Noperen an an Däitschland. D'Proposition, déi mer haut hei am Plenum diskutéieren, inspiréiert sech un de Regëstern, déi sech bewäert hunn, déi also am Alldag, an der konkreter Praxis, gutt fonctionéieren.

Datt mer no enger Rei Diskussiounen an der Kommissioun, Iwwerleeungen a Froen dës verstänneg Pist gewielt hunn, ass ze begreissen. Dës pragmatesch Approche ass eng kloer Stäerkt vum eise Text, well mer op d'Erfahrungen aus anere Parlamenten zrëckgräifen a soumat Schwieeregkeete bei der Ëmsetzung vermeide kënnen.

All dës Regëster sinn nämlech engem Grondprinzip ënnerworfen: Intressevertrieeder, déi politesch Acteure begéinen, jo, beaflosse wëllen, mussen dem Parlament bekannt sinn. „Ross und Reiter“ - wéi soen déi Däitsch? -, „Ross und Reiter“ sollen hei genannt ginn. Si mussen hiert Gesiicht weisen, wa si influenziere wëllen. Dofir gëtt et eeben esou e Regëster, well wie Lobbying seet, dee seet nun eemol Influenz oder Afloss, dee geholl soll ginn. An dësen Afloss muss kontrolléiert ginn. Net méi spët wéi gëschter hunn ech dann och hei an der Chamber eng Publikatioun gesinn, en passant ass se ausgestallt, wann Der bei der Salle 4-5 sidd, do steet am Eck eng Publikatioun, déi ënner der Direktioun vum Jean-François Kerléo erauskomm ass an en treffen den Titel dréit: „Le lobbying. Influence, contrôle et légitimité des représentants d'intérêts“. Deen Titel seet eigentlech alles: Afloss muss kontrolléiert ginn, zemol wann et ëm déi legislativ Aarbecht geet.

Ouni wëllen nach eemol an d'Detailer ze goen, wollt ech nach eemol ënnersträichen, datt d'Deputéiert virun allem d'Flicht hunn, fir e Kontakt mat hinnen, en organiséierte Kontakt, ze refuséieren, wann dës Intressevertrieeder sech net am Virus an esou e Regëster, en Transparenzregëster, dat neit Regëster, wat mer elo aféieren, androen.

Ënner dës Vertrieeder falen eng ganz Rei Acteuren aus eiser Gesellschaft. Et betrëfft net nëmme Wirtschaftsverbänn oder Bauerverbänn, déi sou dacks genannt ginn an ënnerwee sinn, mee och ONGen, Berufsverbänn, Veräiner a Federatiounen, well och si kënnen beaflossen a versichen, fir spezifesch Intressen ze verdeedegen oder duerchzedrücken.

Den Text gesäit awer och e puer Exceptiounen vir. Fir dës Ausname festzeleeën, gouf sech u Praktiken aus dem Ausland inspiréiert. Den Deputéierten huet och d'Flicht, während de legislativen Aarbechte matzedeelen, datt dësen oder deen oder déi versicht hunn, fir hien oder si a senger oder hiner Tâche ze beaflossen. Datt dat och an de Rapport stoe kënn oder stoe ka kommen, ass fir meng Fraktioun evident, jo, noutwendeg, well och do brauche mer wierklech Transparenz.

Et sief awer och nach gesot, datt esou e Regëster esou konzipéiert muss sinn - wéi mäi Virriedner, den Här Léon Gloden, et scho pertinent gesot huet -, datt déi konstitutionell verankert Rechter vun den Deputéierte weider respektéiert bleiwen. Hei hu mer während den Aarbechten an der Kommissioun eebe gemierkt, dat et gëllt, e Gläichgewicht ze fannen tëschent dëse Rechter op där enger Säit an den Exigenze vun der Transparenz op där anerer. Dat ass eis mat dësem Text gelongen an ech sinn dankbar, datt eis Formuléierungen net zu Rechtsónsicherheit féieren an och net zu engem ongudde Klima vun eventuelle Verdächtigungen oder Virurteeler bäidroen.

Doriwwer eraus hu sech während den Aarbechten an der Kommissioun och Froe gestallt, déi den Dateschutz betreffen. Och do kann ech soen, datt mer eng gutt Léisung fonnt hunn, déi d'Dateschutzreegelen respektéiert.

Ofschléissend wëll ech dann nach eemol eng kéier ënnersträichen, datt d'DP-Fraktioun d'Afiere vun engem Transparenzregëster ausdrëcklech begreist, well dës nei Reegelung d'Chamber als Institutioun stäerkt an d'Vetraue vun de Bierger an eis Aarbechte verdéift.

Dat eenzegt, dat mech haut méi wéi jee interpelléiert, ass, datt mer nach ëmmer keen Transparenzregëster fir Schäffen- a Gemengeréit hunn an datt

dës och nach ëmmer keng Déclaration des intérêts financiers musse maachen, sou wéi d'Deputéiert hei an der Chamber, sou wéi mir eigentlech.

Et schéngt awer, ech soen dat e bëssen am Stil ceterum censeo, mee et schéngt awer, wéi wa sou lues och Stullgang an dës Thematik kéim an dann och endlech fir Transparenz an dësem Secteur gesuert géif ginn. Do loosson ech mech dann och ganz gäre positiv iwwerraschen.

Dat gesot, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschtenen.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här André Bauler. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP)**.- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, ech maachen et kuerz an ech maachen et duerfir och vun dëser Plaz aus. Et ass kloer, dass et gutt fir d'Parlament ass, wa mer ganz kloer Transparenzreegelen hunn. Déi si wichteg. Et ass och e wichteg Zeechen, wat mer haut hei setzen. An et gouf jo och schonn dës Ëftere vum GRECO un eis erugedroen, dass mer esou en Transparenzregëster sollte maachen.

Mir hate gréisser Diskussiounen bei eis an der Kommissioun. Déi waren och ganz interessant, muss ech soen. Mir haten eis quasi schonn op en éischten Text gëeenezt, mat engem éischten Text, dee mer och schonn zum gréissten Deel a bal bei alle Parteien verabschit haten, mee duerno koumen nei Elementer mat an d'Spill, déi vu juristeschen Aart waren. Ech muss soen, ech hu ganz vill an där Kommissioun do geléiert. An ech hunn och mat grousssem Interessi déi juristeschen Iwwerleeungen do verfollegt. Déi haten, muss ech soen, scho Kapp a Fouss. An et ass jo och wichteg, dass mer hei e Gesetz maachen, wat eng juristeschen Sécherheet gëtt.

Ech muss soen, ech soen et nach eng kéier, mir hätten och kënnen mat deem éischten Text liewen, mee mir fannen awer, dass dat heiten en Text ass, deen an déi richteg Richtung geet. An domat ginn ech dann och den Accord vun der LSAP.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Här Engel. An da wier et un där honorabelen Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng)**.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de 24. Januar 2020 hu mer als gréng Fraktioun e Courier un d'Chamber gericht, an deem mer e Lobbyregëster gefuerdert hunn. An de Fait, datt d'Piraten eigentlech schonn 2019 eng Proposition gemaach hunn, déi an déi selwecht Richtung geet, kënnen mer als Gréng natierlech nëmme begreissen. Dofir och dem Sven Clement e grouse Merci fir dës Proposition.

Haut, den 9. Dezember 2021, um internationalen Dag vun der ..., géint d'Korruptioun - net vun der Korruptioun, dat wier krass, géint d'Korruptioun, ass et Zoufall oder net? - gëtt de Regëster duerch eng Modifikatioun vum Chambersreglement dann en place gesat.

Ob mer elo, wéi an der Chamber hei, vun Transparenzregëster schwätzen oder wéi an anere Länner vu Lobbyregëster, sou ass d'Zil ëmmer dat selwecht. Et ass erkläert gi vum Ersatzrapporteur Änder Bauler, deem ech och wëllt Merci soen. Ënnert dem Stréch geet et jo drëms, de Biergerinnen a Bierger dobaussen en Abléck ze verschafen, vu wéi engen Intressenverriedungen oder Drëttpersonen déi legislativ Aarbecht an der Chamber beaflosst ka ginn oder eebe beaflosst gëtt, doduerch datt d'Deputéiert Kontakter mat deenen engen oder anere Verriedungen oder Persounen fleegen.

Dëse Méi un Transparenz ass an eisen Aen natierlech begreissenswäert, net nëmme, well mir enger Fuerderung vum GRECO nokommen, dem Groupe d'États contre la corruption, mee och, wéi ech scho gesot hunn, well d'Afiierung vun esou engem Regëster enger laangjäregger Fuerderung vun deene Gréngen entsprécht. An duerfir läit et op der Hand, datt mer dëse Projet dann och wäerte stëmmen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen awer och keen Heel draus, an dat hunn ech och an der Kommissioun gesot, datt mir eis als gréng Fraktioun méi en ambitieise Regëster gewënscht hätten, méi ambitieus an deem Sënn, datt net just déi eenzel Interesseverriedungen sech an de Regëster missten androen, mee datt och mir als Deputéiert gehale wieren, Rechenschaft iwwer eis organiséiert Kontakter mat externe Verriedungen ofzeleeën.

An där éischer Versioun, och dat huet de Rapporteur erkläert, war dës Dispositioun effektiv enthalten. An et ass och op verfassungsrechtlech Grënn zrëckzeféieren, déi am detailléierten Avis juridique ze liese sinn, datt d'Reglementsmissioun decidéiert huet, d'Rechenschaftslicht vun den Deputéierten nees ze sträichen. Dat heescht, datt d'Deputéiert also net forcéiert kënnen ginn, hir Kontakter an Echangé mat externen USPriechnpartner unzeginn.

D'Fro, ob a wéi wäit dat Eenzelner heibanne vläicht méi oder manner arrangéiert, sief emol dohigestallt.





Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Ve Trauen an d'Politik ass e Grondpilier vun eiser Demokratie, mee leider ass dat Vertrauen an de leschte Joren drastesch gesonk an dorop wëll ech eraus. Et ass net nëmmen zu Lëtzebuerg gesonk, mee weltwäit. Während d'Wirtschaft deem géintiwuer ëmmer méi en héicht Vertraue genéisst.

Wat d'Ve Trauen an déi national Parlamenter vun der EU ugeet, esou läit d'Moyenne nach just bei 59 %, an dat onofhängeg vun de Parteien, déi an deenen eenzelne Länner um Rudder sinn - Beispill Däitschland, wou am leschte Joerzéngt eng Vertrauensmoyenne vu just 30 % war.

Mat engem Vertrauensbeweis vun 62 % läit eist Lëtzeburger Parlament zum Gléck iwwert der europäescher Moyenne. Allerdéngs kann een deen Taux och net als zefriddestellend bezeechnen, wuel wésend, datt d'Glawwierdegkeet vun der an d'Ve Trauen an déi Lëtzeburger Politik, laut rezenten Erhiewungen, net eropginn, mee erof.

Doriwwer eraus weist sech och, datt d'Pandemie de Vertrauensverloscht an d'Politik an der ganzer Welt beschleunegt huet.

A fir eis, Dir Dammen an Dir Hären, ass dat ee Grond méi, fir alles drunzesetzen, fir datt d'Ve Trauen nees zrëckgewonnen a gestärkt gëtt. Dee Moment stellt sech natierlech d'Fro, op wéi eng Manéier dat ka gemaach ginn.

Als Gréng si mer dovun iwwerzeegt, datt d'Ve Trauen an d'Politik zu engem gudden Deel duerch Oppenheet an Transparenz entsteet an zrëckgewonne ka ginn.

Der Oppenheet an Transparenz komme mir mat dësem Regëster ganz sécher e Schratt méi no. A mir fannen dat och ganz positiv. An duerfir ënnerstëtze mer en och.

Wichtig ass awer och, d'Gesellschaft dovun ze iwwerzeegen, datt den Austausch tëschent Deputéierten an Interessevertreieder a kompetenten Acteuren aus ONGen, sozialen Organisatiounen, Veräiner oder Responsabelen aus der Wirtschaft net per se negativ ass. Leider gëtt et ëmmer esou gesinn!

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Am Fong ...

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... gehéiert den Austausch mat externen Usprichpartner zu der politescher Meenungsbildung an zum politeschen Dialog an eisem Land.

An deem Sënn ass den Austausch am Fong e feste Bestanddeel vun eisem politesche System a soll net per se als Geheimniskrämerei verdäwelt ginn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Här President, aus deem Grond hu mir als gréng Fraktioun, zesumme mat eiser Parteipresidentschaft, beschloss, datt mir ab nächste Januar en entspreichenden Transparenzkalenner op eiser eegener Websäit publizéiere wäerten. An deem Kalenner wäerten eis Mandatairë Rechenschaft iwwer hir Kontakter an Echangë mat Interessevertriedungen ofleeën.

Domat gi mer eigentlech op dee selwechte Wee wéi verschidden aner Kolleegen heibannen. Mir gi fräiwëlleg e Schrëtt méi wäit, wéi d'Chambersreglement et an Zukunft vun eis verlaangt.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Mir hoffen, datt mir domat zum Vertrauen e Stéck bäidroen, ...

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Nëmme bei der DP gëtt ...

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... zum Vertrauen an déi Lëtzeburger Politik, an dat Vertraue mat deene Mëttele stäerken, déi mer hunn.

(*Brouhaha*)

Wat net heescht, Dir Dammen an Dir Hären, ...

(*Coups de cloche de la présidence*)

... datt mir eisen Afloss iwwerschätzen.

Merci dem Ersatzrapporteur nach eng Kéier, dem André Bauler. An domat ginn ech dann den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Lorsché. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, Här President, villmools merci. Ech gehéieren zu deenen heibannen, déi net selwer un der Afsaarbechtung vun dësem Text deelgeholl hunn. Dofir hunn ech dat hei alles mat engem gewëssene Virwëtz - soe mer emol - nogelauschtert, an och enger gewëssener Distanz, well ech mer dann och Froe stellen, well ech eebe bis elo net doru bedeelegt war.

Als Éischt wëilt ech emol dem Här Bauler Merci soen. Als Ersatzrapporteur huet e sech nach eng Kéier iwwertraff. Mir si jo scho gutt Rapporte gewinnt. Mee datt en dat haut gemaach huet, ass éischts e ganz frëndschafleche Gest, an en huet eng ausgezeechent Aarbecht gemaach. Dofir e ganz häerzleche Merci!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Déi Fro vun der Transparenz, mengen ech, ass hei richteg gestallt gi vun e puer vun eise Virriedner. Ech stelle mer déi Fro speziell als Oppositionspolitiker, well et muss ee jo wëssen, datt, och wa mir Kontakt mat Lobbyen an esou weider hunn, dat jo net heescht, datt mir muer hei kënnen e Gesetz proposéieren oder direkt e legislativen Impakt hunn. Dat sinn alles Saachen, déi sech un éischter Adress an der Praxis, an der Realitéit un déi adresséieren, déi de Pouvoir hunn, dann och eppes ëmzesetzen, wat duerch eng Lobby u si erugetruede gëtt. Ech mengen, dat ass deen éischten Usazpunkt.

An dofir wëll ech ganz kloer soen, datt déi Iddi, déi hei och vum Här Gloden a vun anere vertratt gëtt, datt eng Regierung muss esou e Regëster hunn an och Schäfferéit an de Gemenge sollten esou eppes hunn, mer wierklech absolutt logesch schéngt, well si sinn u sech déi, och mat hire Verwaltungsapparater, déi selbstverständlech un éischter Plaz concernéiert sinn.

(*Brouhaha*)

Inklusiv an enger Thematik, déi mer hei zu Lëtzebuerg leider ... oder nee, net leider, mee eng Thematik, déi mer Gott sei Dank hei zu Lëtzebuerg net dacks mussen diskutéieren, dat ass déi vun der Korruptioun. Mir hunn dat och hei zu Lëtzebuerg - dofir hat ech „leider“ gesot -, awer Gott sei Dank eeben nach net an engem grouss Mooss.

Awer datt mer haut doriwwer schwätzen, ass och ganz gutt, well et ass jo den Objectif, datt mer dee Phenomeen kleng halen.

Also Jo zum Transparenzregëster, awer och fir d'Regierung an och um kommunalen Niveau.

Als ADR hu mer bis elo Kontakter publizéiert. Bei eise Parteikongresser hu mer ëmmer och d'Lëscht publizéiert mat deenen Associatiounen, mat deene mer Kontakter haten. Mee och do muss ee sech d'Fro stellen - ass et elo net „le mieux tue le bien ou le mieux est l'ennemi du bien“?, ech weess et net -, wéi wäit mer elo hei gi mat dëse Reegelen.

Ech mengen, et ass schonn eng Gefor doran, datt een entweder an en eidele Formalismus fällt a laang Lëschte produzéiert, wou een och net vill dermat kann ufänken. Oder eng aner Gefor, datt herno gesot gëtt: „Elo hu mer d'Lëscht vun deene Leit, mat deenen Dir geschwat hutt, mee wat hutt Der geschwat? Da sot eis och, wat dann!“

(*Interruptions*)

Well dann hu mer eréischt déi Transparenz. Dann hu mer praktesch eng komplett Öffnung. An ech mengen, dat ass schlussendlech der politescher Aarbecht och keen Déngscht gelescht!

Also och do musse mer kucken, datt awer fir Leit, déi wëlle mat de Politiker schwätzen, awer trotzdem eng gewësse Garantie vu Vertraulechkeet ass, well déi wëlle jo och net onbedéngt, an net aus Grënn vu Korruptioun oder anere Saachen, datt alles op der Place publique diskutéiert gëtt, wat se vläicht un eis erundroen.

Also jo, d'Iddi ass sécher gutt, d'Iddi ass berechtigt. Et gëtt se an anere Parlamenter. D'Europaparlament an anerer hu jo och esou Dispositiffen.

Mee ech mengen, mir sollten hei mat deem awer, mat där Attitüd un déi Saach erugeen, déi eis als Lëtzeburger awer dacks kennzeechent, dat ass déi vun gesunde Mënscheverstand, a kucken: Wat ass wierklech e Bäitrag zur politescher Kultur hei am Land, zu enger Transparenz, a wou fänke mer un, wierklech eis Aarbecht selwer ze hypothekéieren, wa mer an eng Detailwut oder an eng Korrektioun, politesch Korrektheet verfallen, déi schlussendlech der Aarbecht schuet?

E Wuert iwwert d'politesch Glawwierdegkeet. Jo, déi geet erof. Dat ass och eppes, wat eis ganz vill Suerge mécht.

(*Brouhaha*)

Mee dat huet och domadder ze dinn, datt een, wann een an der Politik ass a wann een eppes verspricht an der Politik, muss een de Leit géigeniwwer och dat Versprechen anhalen! Ech mengen, dat ass dat Alleréischt, wat mer dozou afällt.

Et ass sécher, datt zu der Glawwierdegkeet vun der Politik vill Facteuren zielen. Awer ech mengen, eppes ass ëmmer ganz wichtig: datt de Politiker, deen de Leit eppes verspricht, sech och u säi Versprechen hält. Ass dat net de Fall, da brauch e sech och net ze wonneren, wann d'Ve Trauen éischter erofgeet.

Dat gesot, mir stëmmen dat hei selbstverständlech mat. Mir wäerten och déi Motioun an déi Resolu-

tioun, déi den Här Gloden eis proposéiert huet, an deem Geescht matstëmmen, wéi ech dat elo beschriwwen hunn.

Mir müssen einfach kucken, wat do ... “The proof of the pudding is in the eating”, mengen ech, soen d'Britten. A si hu ganz Recht.

(*Hilarité*)

Mir müssen no engem Joer kucken, wéi dat hei elo ass, wéi et applizéiert gëtt, an da wierklech och eng kritesch Bilanz zéien. Well et huet kee Wäert, vill Regëstere opzestellen an dann herno net ze iwwerleeën, wéi mer mat deem Instrument ëmginn.

Ech soen lech Merci. D'ADR stëmmt dat hei mat.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Mir huelen haut eng Proposition un, déi den Transparenzregister fir eis Deputéierte schafft. Et geet kloer drëms ze weisen, mat wéi engen Interessevertreieder mir Kontakt hunn am Kader vun e sem Mandat. Dat ass e Schratt a Richtung Transparenz. Dat si mir de Leit, déi eis wielen, schëlleg. Dat kënnen mir als déi Lénk also och nëmme begrëssen a mir stëmmen dësen Text natierlech och mat.

Mir soen och de Piraten Merci, datt si dës Debatt ugestëppelt hunn.

Ech wëll awer hei och profitéieren, fir e puer, mengen ech, net onwichtig Messagë lasszeginn, wéi och scho meng Virriedner a -riednerinnen.

Natierlech ass et wichtig, datt mir als Volleksvertreieder mat oppene Kaarte spillen. Mir sinn deen éischte Pouvoir, d'Häerz vun der Demokratie. Et ass awer och kee Geheimnis, datt den Afloss vun den Deputéierten, an der Opposition am Speziellen, mee och vun den Deputéierten an der Majoritéit, op de legislative Prozess an der Praxis relativ geréng ass. An der Realitéit ginn d'Gesetzer vun de Ministère gemaach a vun hinnen och verteidegt. An a ganz ville Fäll och vun de Ministère amendéiert, wann et néideg ass.

D'Chamber huet an der politescher Realitéit hei zu Lëtzebuerg virun allem eng Kontrollfunktoun. De GRECO, Groupe d'États contre la corruption, op deen och d'Proposition vun haut sech bezitt, gesäit awer net nëmmen esou streng Transparenzregëstere fir d'Parlamentarier vir, mee och fir d'Regierungen. An ech wier frou, wann och d'Regierungsmemberen an d'héich Staatsbeamte sech esou en transparent a strengt Reegeliwerk géifen zouleeën, fir endlech en accord mat de Recommandatioune vum GRECO ze sinn. Et ass nämlech wichtig, datt och dee Pouvoir, deen haaptsächlech de legislative Prozess dirigéiert, d'Regierung also, och méi transparent gëtt.

Här President, datt d'Berufsskummeren, d'Europadeputéiert oder d'Vertreieder vu staatlechen Institutionen oder vu Gemengen ausgeschloss sinn, dat licht och an. Mee mir müssen eis awer och bewosst sinn, datt et awer vläicht op där enger Säit eenzel Persounen sinn, déi wëllen un eis eruntrieden, mee déi net gewinnt sinn, an der Öffentlechkeet ze stoen. Dat wäert ofschrecken. Hire Numm ass jo schliisslech dann öffentlech zougänglech um Chamberssite. Et riskéiert een domadder, datt si dann einfach keng Entrevue méi ufroen, wat schued wier.

Op där anerer Säit ass et fir grouss Associatiounen oder Gewerkschafte kee Problem. Si si gewinnt, an der Öffentlechkeet ze schaffen. Do kéint eventuell en anere Problem entstoen, esou eng Zort „Reuniounitis“. Jidderee gesäit elo, wien elo bei wie geet a mat wem e geschwat huet. Déi eng oder déi aner Interessevertreieder soe sech da vläicht: „Elo waren déi bei där Partei, da musse mir awer och vläicht dohinner goen.“ Dat wier jo dann eng Intensificatioun vun der Lobbyaarbecht.

Här President, netdestotrotz ass dat hei e Fortschrëtt, deen eis Kredibilitéit heibannen dobausse stäerkt. An an Zäiten, wou un de Fundamenter vun der Demokratie gerëstelt gëtt, ass dat wierklech en enorm wichtegt Zeechen. An esou Momenten sinn Transparenz an Oppenheet déi richteg Äntwert. An dat gëllt, wéi gesot, net nëmme fir d'Chamber.

Merci fir d'Nolauschteren an och merci dem Rapporteur fir säi ganz gudder mëndleche Rapport a sou kuerzer Zäit. Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass net oft, datt een hei steet an iwwer e Projet ka schwätzen, deen ee selwer deposéiert huet, an deen awer, dat muss een och soen, e schwéiere Start hat.

Als Éischt, mengen ech, war kee groussen Appetitt an där Kommissioun do, fir iwwert den Text ze schwätzen. Dunn ass e Brëif vun déi gréng komm,

deen dem Projet e bëssen en neien Otem ginn huet. Dunn ass an der Kommissioun dru geschafft ginn. Du ware mer eis eens prinzipiell. Dunn ass, et géif een op Englesch soen, e „curveball“, komm, an dunn hu mer nach eng Kéier vu vir ugefaangen ze diskutéieren.

Dee ganze Projet ass jo, mengen ech, vu ville Säiten aktiv begleet ginn. Vun der Press, déi ganz interesséiert dru war, datt mer méi wäit géife goen, eppes, wat ech begrëssen. Op där anerer Säit awer och wuel vu Leit, déi der Meenung waren, datt mer ze wäit géife goen oder déi vläicht och net onbedéngt am Regëster wëllen optauchen, déi Lobbyaarbecht gemaach hunn, fir den Transparenzregëster ofzeschwächen. Ech mengen, dat ass ënnert deenen Ëmstänn kee Geheimnis.

Ech hat ursprénglech e minimale Konsens proposéiert, den absolute Minimum, dat, wat d'belscht Parlament schonn huet. An, wéi ech sot, dat war am Ufank der Kommissioun schonn ze wäit gaangen! An et war esou: „O! Mir wëllen do net dru goen, léiwer net.“ An eréischt wéi vu Säite vun enger Majoritéitspartei och e bëssen Drock gemaach gouf, ass dunn Drock op de Kessel komm a mir si weiderkomm.

An ech si wierklech frou, datt mer do weiderkomm sinn, well et geet net nëmmen ëm de GRECO. Mir maachen dat heiten net, fir iergendengem anere Grupp ze gefalen, dat ass e schéinen Nieweneffekt. Mir maachen dat doten, well mer eis dat selwer schëlleg sinn. Mir sinn eis dach selwer schëlleg, dobaussen net duergestallt ze gi wéi Leit, déi eppes ze verstoppun hunn. Well wa mer eppes ze verstoppun hunn, da maache mer d'Politik vläicht falsch oder aus deene falsche Beweeggrënn. Mir hunn dat net ze verstoppun, an dofir solle mer transparent no bause sinn.

Dofir bedauern ech och, datt mer net méi wäit ginn. Ech sinn der Meenung, ...

(*Interruption*)

... datt ee méi wäit soll goen. An dat ass och de Grond, firwat mir, d'Piraten, säit mer an der Chamber sinn, säit 2018, eis Rendez-vousen, déi mer mat Intressevertreieder hunn, transparent op eise Site publizéieren. Ech si frou, datt déi gréng dat och maachen. Dat ass iwwregens eng Tradition, déi ...

(*Interruption*)

... eis mat deene Grénge scho méi laang verbënnt. Well de Logiciel, dee mer benotzen, ass nämlech vun de Greens/EFA am Europäesche Parlament entwéckelt ginn, op Initiativ vun de Piraten, déi do jo zesummen a Fraktiounsgemeinschaft sëtzen. An ech ginn dervun aus, datt deen nämmlechte Logiciel elo vun deene Grénge och zu Lëtzebuerg wäert benotzt ginn, esoudatt do definitiv eng richtig Transparenz geschaaft gëtt. Während aner Parteien heibannen nach stönen, wann een hei dervunner schwätzt, Rendez-vousen ze verëffentlechen, gëtt et eeben och nach Leit hei an der Chamber, déi et maachen. Ech mengen, dat ass e gutt Zeechen. Dat ass dat richtegt Zeechen!

Jiddereen, dee wëllt, an dat wëll ech och heibanne soen, jidderee vun lech, dee wëllt, dee ka sech dee Logiciel eroflueden a selwer installéieren oder, so-yons fous, d'Chamber kéint all Deputéierten, deen dat wëllt maachen - well dofir brauch en net de Support vu senger Fraktioun dann -, dee Logiciel zur Verfügung stellen. Da kéint jiddweree vun lech, jiddweree vun eis, dat maachen, wann en dat wëllt maachen. An da kann ee jo och dat mat an d'Evaluatioun an engem Joer aflësse loosse.

Et wär esou einfach. An dofir verstinn ech net, firwat mer esou e schwéiere Start mat deem Projet hei haten, well déi initial Versioun ass net esou wäit gaangen, wéi mer elo gaange sinn. Tëschenzäitlech si mer méi wäit gaangen an du si mer zrëckgaangen. Ech verstinn net, wou ënnerwee de Courage eis verlooss huet. Wien huet mat wem geschwat? Ech stelle mer déi Fro nach ëmmer: Wien huet mat wem geschwat, datt eis ënnerwee de Courage verluergaangen ass, dat dote méi wäit ze dreiwen? Dat ass dach dat, wat ee sech muss froen. Mir hätte kënnen méi wäit goen. An do ass, muss ee soen, een Avis juridique, deen da seet: „Dat geet net!“ Ma mir hunn och aner Avis-juridiquë scho gesinn, déi gesot hunn, et wär de Contraire! Also, mir müssen als Deputéiert och heiansdo eis Verantwortung iwwerhuelen an eis net dohannert verstoppun. Wat geschitt, wann ee blann Avis-juridiquë vertraut? Ech mengen, do huet eng Partei heibannen haut jo awer gesinn, wat dobäi kann erauskommen. Da mierkt een, datt d'Gerichter dat anescht gesinn.

Also, ech hätt mer gewënscht, mir wären hei méi wäit gaangen. Ech perséinlech gi méi wäit, de Marc geet méi wäit, an ech si frou, vun deene Grénge haut ze héieren, datt si och méi wäit ginn. Elo bleift et just nach un allen aneren heibannen, och méi wäit ze goen. An dann, wa mir mat guddem Beispill virginn, ...

(*Interruption*)

... da kënnen mer och kredibel vun der Regierung fuerderen, ...





(Brouhaha)

... datt se méi wäit geet. A wien elo stöönt, dat wär Populismus oder wat ...

(Interruption)

... ma dann, Dir hutt vläicht eppes ze verstoppén, Här Kartheiser, ech op alle Fall net.

Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Fait personnel!

■ **M. Marc Goergen** (Piraten).- Ganz gutt.

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

(Brouhaha)

Den Här Gilles Baum freet d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Fait personnel ...

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Ech wollt ganz, ganz kuerz ... Pardon, ech wollt ganz kuerz den Här Clement just froen, wéi dee Logiciel heescht. Ech mengen, etweeeder hutt Der et net gesot oder ech hunn et net matkritt. Et géif mech awer interesséieren. Merci.

■ **M. Sven Clement** (Piraten).- Jo. Dat kann ech gäre soen, well ech hunn et och schonn a Rieden heibanne gesot. Dee Logiciel heescht LobbyCal. Dee kann ee fräi eroflueden. Dat ass open Source. Ech kann lech och nach technesch soen, wéi et fonctionéiert, mee d'Chambersverwaltung géif dat och relativ einfach fir eis all kennen opsetzen, anstatt dat all Fraktioun déi Aarbecht duplizéiert. Dat wär vläicht eppes, wat een eng Kéier kéint am Bureau thematiséieren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. An da freet den Här Kartheiser d'Wuert pour fait personnel.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, vläicht ganz kuerz, Här President, well ech hunn eigentlech wierklech dacks wéineg Loscht, mech mat där Manéier ausenanerzesetzen, wéi den Här Clement hei seng Rieden hält. Ech wollt him just soen, an en huet dat schonn e puermol gemaach a sengen Ausféierungen, datt et einfach dacks un der Héiflechkeet géintiwwer de Kollege feelt a sengen Interventiounen, och elo erëm grad géintiwwer vu mir, an ech géif en einfach bieden, dorop opzepassen a sengem politesche Stil, fir awer géintiwwer de Kollegen am héijen Haus mat Héiflechkeet ze argumentéieren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. Ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Clement.

(Interruption)

■ **M. Sven Clement** (Piraten).- Ech huelen Nott, ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Firwat ...

■ **M. Sven Clement** (Piraten).- Ech huelen Nott vun der Remark vum honorabele Kolleg Fernand Kartheiser. An ech hunn nach ëmmer déi Fro oppestoen, déi ech virdrun um Pult gestallt hunn, ob hien eppes ze verstoppén huet. Ech hunn op alle Fall näischt ze verstoppén.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung ...

(Interruption par M. Fred Keup)

... iwwert den Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement 7499.

■ **M. Sven Clement** (Piraten).- Domadder hutt Dir, Här Keup, jo Erfahrung.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Text steet am Document parlementaire 7499<sup>2</sup>.

**Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 7499**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Elo maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Den Ännerungsvorschlag ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves

Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Dann ass dat esou decidéiert.

**Résolution 1**

Da kéime mer elo zum Vott iwwert d'Resolutioun respektiv iwwert d'Motioun. Fir d'éischt d'Resolutioun. Den Här Gilles Baum freet d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Merci, Här President. Ech fannen dat heiten eng ganz gutt Iddi an eng sënnvoll Iddi, an dofir géif ech menger Fraktioun vorschloen, déi Resolutioun hei matzestëmmen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Baum. Kënne mer iwwert dës Resolutioun à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

**Vote sur la résolution 1**

Wien d'accord ass mat dëser Resolutioun, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domat ass dës Resolutioun eestëmmeg ugeholl.

**Motion 1**

Da kéime mer zur Motioun, déi deposéiert ginn ass. Wëllt nach een zu der Motioun d'Wuert ergräifen? Nach eng Kéier den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Merci, Här President. Déi Motioun hei ass, genau wéi déi Resolutioun virdrun, ganz interessant a sënnvoll.

(Interruption)

■ **Une voix**.- Très bien!

(Hilarité)

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Wie war dat?

(Brouhaha)

Nee, nee. Mir sinn hei, ...

(Brouhaha)

... mir sinn hei an engem Prozess, et steet jo hei dran, dass eng Rei Recommandatioun mam GRECO nach géifen ausgeschafft ginn. Ech hu Récksprouch geholl. Ech géif elo, zu dësem Moment, proposéieren, haut déi Motioun hei net zum Vott ze stellen, mee der Regierung d'Geleeënheet ze ginn, fir am Januar selwer heihinner erklären ze kommen, wéi wäit se mat hiren Aarbechten hei ass. Mir sinn hei an engem „work in progress“ - dat ass jo dat Wuert, op dat, mengen ech, jiddweree gewaart huet -, a wann Der domat averstane wäert, da géif ech proposéieren, dass mir sollten déi Motioun hei an d'Conférence des Présidents huelen, fir se am Januar, ganz gären och schonn direkt an der éischter Chamberswoch, mat op den Ordre du jour ze huelen, an dass d'Regierung heihinner kann erkläre kommen, wéi wäit se mat deem Projet a mat der Ëmsetzung vun hirem Transparenzregëster, en collaboration mam GRECO, ass. Dat ass déi Propos, déi ech wollt hei maachen.

■ **Une voix**.- Gutt Propos!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Baum. An ech géif d'Wuert zrëckginn un den Auteur, den Här Léon Gloden.

■ **M. Léon Gloden** (CSV).- Här President, merci fir d'Interventioun vum Gilles Baum. Als Oppositionspolitiker ass ee jo och e bësse méi mësstrauesch vis-à-vis vun der Regierung. Mee ech ginn der Regierung dann eng Chance bis de Januar. Mee wann am Januar kee „work in progress“ do ass, ...

(Hilarité)

... dann insistéieren ech, datt se dann am Januar hei ofgestëmmt gëtt. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Gloden.

**Vote sur le renvoi de la motion 1 à la Conférence des Présidents**

Wien ass d'accord, fir dës Motioun un d'Conférence des Présidents zrëckzeginn, fir se am Januar op den Ordre du jour ze bréngen?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass dat och esou decidéiert.

(La motion 1 est renvoyée à la Conférence des Présidents.)

■

**6. 7910 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2020**

Als nächste Punkt stinn d'Chamberskonte vum Joer 2020 um Ordre du jour. An den honorabelen Här Marc Lies ass de Rapporteur a presentéiert eis elo déi Konten. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Comptes**

■ **M. Marc Lies** (CSV), *rapporteur*.- Jo. Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi all Joer goufen och dëst Joer d'Konte vun der Chamber fir d'Budgetsjoer 2020 vun enger Spezialkommissioun kontrolléiert. Den Artikel 174 (veuillez lire: 176) vum Règlement interne vun der Chamber gesäit vir, an ech zitéieren, éischten Alinea: « L'examen de la comptabilité des fonds de la Chambre, pour chaque session, est confié à une commission spéciale dite “Commission des Comptes”, assistée par un réviseur d'entreprises à désigner annuellement par le Bureau. »

Alinea 4: « La Chambre, sur le rapport de cette commission, se prononce sur l'apurement du compte. La décision est communiquée à la Cour des comptes pour être enregistrée. »

Den Auditeur Baker Tilly, deen d'Konte vun der Chamber fir den Exercice 2020 kontrolléiert huet, koum den 18. November a sengem Schreiwen zur follgender Konklusioun: « À notre avis, les états financiers de la Chambre des Députés du Grand-Duché du Luxembourg pour l'exercice clos le 31 décembre 2020 ont été établis, dans tous leurs aspects significatifs, conformément aux principes comptables applicables à la Chambre des Députés [...] dé-finis par le Bureau ».

De Staat huet der Chamber eng Enveloppe budgétaire vun insgesamt 46,7 Milliounen fir d'Joer 2020 zoukomme gelooss. Am Joer 2019 waren et 42,6 Milliounen.

Mat Zënsen an ausseruerdentleche Recettë louchen d'Revenue bei insgesamt 47,3 Milliounen. De Kont 2020 huet mat Dépensë vun 43,7 Milliounen ofgeschloss. Dëst entsprécht engem Iwwerschoss vun 3.522.000 Euro. Ze wëssen ass awer, datt nach zousätzlech 2,5 Milliounen provisionéiert gi si weinst Engagementer aus dem vergaangene Joer.

Par rapport zum Budgetsjoer 2019 louchen d'Dépenses 3,2 Milliounen méi héich.

Bedéngt duerch d'Pandemiejoer 2020, wou d'Chamber méi oft siegéiert huet, sinn d'Presenzgelder an d'Luucht gaangen an natierlech och d'Käschte vun de Compte-renduen. Beim Personal goufe par contre 1,7 Milliounen manner ausgi wéi initial budgetiséiert. Bei de Frais de fonctionnement waren et 940.000 Euro manner. Bei de Reese konnten och 530.000 Euro agespuert ginn.

D'Plënneren an de Cercel huet natierlech och zu Méiausgabe beim Ekipement gefouert, déi initial net virgesi waren.

E besonnesche Merci geet un d'Stater Buergermeeschtesch an un de ganze Schafferot vun der Stad Lëtzebuerg, awer och de Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg, déi der Chamber de Cercel gratis zur Verfügung gestallt hunn.

Ënnert dem Stréch kann ee soen, datt d'Administratioun vun der Chamber virsiichteg wirtschaft. D'Reserve vun der Chamber belafe sech op ronn 8,4 Milliounen.

Fir 2021 ass e Recours op d'Reserve vun der Chamber geholl gi vun am Ganze 5,3 Milliounen, dëst, well d'Circulaire budgétaire fir 2021 virgeschriwwen huet, datt de Budget 2021 d'Dépensë vun 2019 net soll iwwerschreiden. Well awer déi estiméiert Dépensë fir 2022 méi héich ausfale wéi den ageschriwwene Budget, ass op d'Reserven zrëckgegraff ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Spezialkommissioun à l'unanimité an de Réviseur d'entreprises Baker Tilly sinn der Meenung, datt d'Konte vun eiser Chamber an der Rei sinn.

Domadder géif ech lech alleguerter bieden, d'Konte vum Exercice 2020 guttzeheeschen.

Ech wëilt dem Bureau, besonnesch eisem Generalsekretär, dem Laurent Scheeck, dem Damian Rychlicki, dem Madamm Barra, dem Här Reiter an all de Mataarbechter vun der Chamber e grouse Merci aussprieche fir hir exemplaresch Aarbecht, besonnesch an dëser dach schwiereger Zäit vun der Pandemie.

Am Numm vun der CSV-Fraktioun ginn ech den Accord zu dësem Rapport, an ech géif och déi aner Fraktiounen a Sensibilités politiques bieden, dat selwecht ze maachen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an iwwerreechen dem Chamberspräsident dës Resolutioun.

**Résolution**

*La Chambre des Députés,*

*vu le rapport de sa Commission des Comptes,*

*approuve les comptes de l'exercice 2020 et prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des comptes pour y être enregistrés.*

(s.) Marc Lies.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Här Rapporteur Marc Lies.

Fir d'Diskussioun huet sech bis elo den Här Carlo Back ageschriwwen. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

■ **M. Carlo Back** (déi gréng).- Merci, Här President. Jo, den Här Lies huet, mengen ech, e ganz detailléierte Rapport gemaach. An ech kann deem och elo näischt bäifügen. Et ass jo och eng Revisiounsfirma, déi dat kontrolléiert huet. Also, eis Konte sinn an der Rei. Ech wëll mech deem uschléissen.

Ech wëll awer och speziell der Stater Gemeng Merci soen, datt si eis de Cercel zur Verfügung gestallt hunn, wat eis et och erlaabt huet, eis Seancë plus ou moins ënner normale Konditiounen kennen duerchzeéien. Dofir, wéi gesot, e grouse Merci un d'Stater Gemeng. An ech ginn domat och den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Back. Da ginn ech d'Wuert un den Här Guy Arendt.

■ **M. Guy Arendt** (DP).- Merci, Här President. Ech géif mech deene Mercien uschléissen. Merci dem Här Lies fir säi Rapport. Merci och der Administratioun a merci och der Gemeng Lëtzebuerg, dass si eis de Cercel zur Verfügung gestallt hunn. An ech ginn och den Accord hei vun der DP-Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Arendt. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Lydia Mutsch.

■ **Mme Lydia Mutsch** (LSAP).- Merci, Här President. Och mir kënnen eis de Mercien uschléissen, déi hei ausgedréckt gi sinn, virun allem un d'Ekip vum der Chamber ronderëm eise Generalsekretär a ronderëm den Här Rychlicki, déi alleguerten, en détail, eis d'Kontesituatioun konnte presentéieren an eis alleguerten dovunner konnten iwwerzeegen, dass hei propper geschafft ginn ass an dass och a voller Transparenz all d'Aarbechte gutt ofgewéckelt gi sinn.

Mir hunn equilibriéiert Resultater 2020. Mir hunn och scho Virinformatiounen vun 2021. Déi zwee Jore si gezeechent vum Covid, a mir sinn der Meenung, dass déi beschtméiglech Konditiounen geschaaft gi sinn, fir dass mir awer eis Aarbecht als Deputéierte konnte maachen.

Och dem Merci un d'Stad Lëtzebuerg wëlte mir eis gären uschléissen an da virun allem elo schonn dervunner profitéieren, fir eiser Chambersverwaltung schéi Feierdeeg ze wënschen, Merci fir déi gutt Aarbecht ze soen, an zum Ofschloss eisen Accord zu de Konten ze ginn, a virun allem och dem Rapporteur Merci ze soen, dass en hei eis all d'Detailer presentéiert huet.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Do kann ech nëmme soen: Merci gläichfalls. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Jeff Engelen.

■ **M. Jeff Engelen** (ADR).- Merci, Här President. Ech géif dann dem Här Lies och wëlle Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech wëll mech sämtleche Mercien uschléissen, och speziell der Gemeng vu Lëtzebuerg, fir hiert Zurverfügung-stelle vum Cercel. Ech mengen, dat war net näischt, well soss hätte mer net kënnen all déi Zäit iwwer tagen.

An zu de Konte géif ech den Accord brénge vun der ADR. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engelen. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement** (Piraten).- Merci, Här President. De Rapporteur huet, wéi gewinnt, hei eng exzellent Aarbecht gemaach. Et ass ëmmer eng Fläissaarbecht, déi Zuelen zesummenzedroen, wou de Service vun der Chamber immens gutt Viraarbecht leescht. Mee et muss ee se dann awer och nach esou virdroen, datt een dat versteet. Dofir e grouse Merci.

Ech mengen, d'Konte sinn exzellent. Et hätt ee kënnen mengen, datt duerch eng Pandemie d'Chamber, och duerch d'Plënneren, u sech vill méi Onkäschte gehat hätt. Dat huet sech mat anere Moins-valeurë kompenséiert, soudatt de Kont u sech net nëmme „le compte est bon“ ass, mee „le compte est très bon“, muss een u sech soen. Esou gutt ass e seelen. Dat weist, datt hei an der Chamber verantwortungsvoll mat den éffentleche Gelder ëmgaange gëtt, an datt een eeben och probéiert, all Euro zweemol ëmzedréien, eier een en ausgëtt.

Dat gesot, kënnen mir eisen Accord fir dës Rapport ginn.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.





Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Kontekommissioun virgeschloen huet. Ass d'Chamber domadder averstanen, a main levée iwwert dës Resolutioun ofzestëmmen?

**(Assentiment)**

**Vote sur la résolution**

Ech bieden am Fong geholl déi, déi mat der Resolutioun d'accord sinn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

D'Resolutioun ass domat eestëmmeg ugehall.

Esou, wéi d'Chambersreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun mam Rapport vun der Kontekommissioun un d'Cour des comptes weidergereecht.

## 7. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la santé et de la sécurité au travail

D'Chamber féiert haut de Mëtteg eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Gesondheet an d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Marc Spautz als Vierterder vun der CSV-Fraktioun, déi dës Aktualitéitsstonn ugefrot huet. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Här President, léif Kolleeinnen a Kolleeen, an där ganzer Diskussioun vun deene vergaangene Méint, wou de Covid hei zu Lëtzebuerg, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee europa- a weltwäit, am Mëttelpunkt stoung, hu jo och verschidden aner Saache manner am Mëttelpunkt gestanen, wéi dat soss de Fall war.

An ech mengen, dass et awer och wichteg ass, iwwert den Aarbechtsschutz an enger verännerter Aarbechtswelt ze schwätzen. An dass et grad wichteg ass, an der Period vu Covid-19, wou een ëmmer méi séiere Wandel mat den Aarbechtsbedéngunge stattfonnt huet, dass ee sech doriwwer ënnerhält, doriwwer diskutéiert an och doriwwer en Debat féiert.

Och d'Europäesch Kommissioun huet sech domadder beschäftegt an huet och do e Wäissbuch erausginn - fréier hu mer et „Wäissbuch“ genannt, haut heescht et anescht - mat de Reegele fir d'Period 2021 bis 2027.

Et ass wichteg, dass mer et fäerdegbréngen, eng besser Preventioun ze maachen, wat d'Aarbechts-onfäll ubelaangt an och eng besser Preventioun, wat d'Berufsskrankheeten ubelaangt.

An et ass grad bei de Berufsskrankheeten, wou ee sech muss bewusst sinn, dass ee grad beim Covid gesäit, dass nei an aner Aart a Weise vu Krankheeten - déi soss och diskutéiert gi sinn, mee domadder ass net oppen ëmgaange ginn - elo an de Mëttelpunkt komm sinn. An ech denken do virun allem u Saachen, déi ergonomesch bedéngt sinn, wou een elo vill méi am Sëtze schafft, a wou verschidde Leit duerch den Teletravail net méi déi Ergonomie do erëmfanne wéi op hirer Aarbechtsplaz, déi se am Betrib, op der Aarbecht ageriicht kritt hunn.

Ech denken un d'mental Gesondheet. Ech mengen, mir haten heibannen eng Debatt, an och verschidde Kolleeen hu scho Question-parlamentairen an deem Sënn gestallt, dass och vill Leit sinn, déi mental Schwieriegkeeten hunn de Moment mat där Situatioun - net nëmme wéinst dem Covid, och anerer, mee besonnesch wéinst dem Covid -, déi mental Problemer hunn, fir eens ze gi mat deene Reegelen, déi et gëtt, dass ee sech net méi ka beweegen, wéi een dat virdru gewinnt war.

**(Brouhaha)**

Mir wëssen, dass plazeweis de Mobbing hei zu Lëtzebuerg jo och näischt Neits ass. Et ass eppes, wat mer scho méi laang kennen. De Minister hat jo och do eréischt an der leschter Zäit e Projet de loi deposéiert, dee jo och an der Prozedur ass, fir ze kucken, wéi mer dat mat deem Mobbing kënnen änneren.

An dann eppes, wat och villes geännert huet, dat ass déi sozial Dimensioun vun der Digitaliséierung. Mir sinn amgaang, am Teletravail hei zu Lëtzebuerg Reegelen ze maachen, wou en Accord fonnt ginn ass tëschent de Sozialpartner, wou op Initiativ hi mat der Regierung och e Gesetz gemaach gouf, wou awer nach ëmmer ee Punkt sou hallef opsteet oder ganz opsteet, deemno, wéi een et kuckt, dat ass dee vum Ofschalten: Wéini däerf ech ausschalten? Wéini muss ech erreechbar si fir mäi Patron a wéini net? Och dat ass e psychologeschen Drock fir verschidde Leit, well se net méi wëssen: Wéini kann ech ofschalten a wéini kann ech net ofschalten?

An dann ass och eppes, wat oft an der Digitaliséierung an och beim Teletravail vergiess gëtt dat, wéi d'Leit sech arrangéieren. Wann s du gewinnt waars, vun 8.00 bis 12.00 Auer a vun 13.00 bis 17.00 Auer ze schaffen, wousst de, wat s de da fir um

17.00 Auer fäerdeg ze maachen has. Wann s de dech op eemol kanns selwer organiséieren, da si Leit, déi si vill méi fréi fäerdeg, wéi dat virdrun de Fall war. Mee et sinn der awer och, déi soen: „Jo, ech hu jo nach en Dag! Ech hu jo nach en Dag!“ An da sëtze se op eemol zéng oder zwielef Stonnen do, fir déi Aarbecht fäerdeg ze maachen. An ech mengen, dass et do wichteg ass, dass een doriwwer diskutéiert, mat de Sozialpartner, mee dass et och un eis ass als Politik, fir do kloer an däitlech ze soen, wéi mir eis dat virstellen a wat mir do gärén hätten.

Ech erënneren un déi Diskussiounen, déi am Kader vun Aarbecht 4.0 gefouert gi sinn hei zu Lëtzebuerg an och europawäit, dat och am Kader vum europäesche Gewerkschaftsbond mat dem europäesche Patronat an och mat der EU-Kommissioun, dass et och wichteg ass, deene Phenomeener Rechnung ze droen. Wa mer haut vun Aarbechts-onfäll schwätzen, da stelle mer eis ëmmer dat vir, wat, bedauerlecherweis viru 14 Deeg zu Esch op engem Chantier geschitt ass, wou direkt en Doudegen do mat bedéngt war. Mee wa mer schwätze vu Sécherheet op der Aarbechtsplaz, ass et och dat Mentaalt, an ass et och dat, wat ronderëm ass, a sinn et och déi psychologesche Schwieriegkeeten, déi do verschidene Leit kënnen hunn.

Pardon. Ech wëll elo net och nach en Aarbechts-onfall kréie beim Schwätzen.

**(Hilarité)**

Dofir ass et och do wichteg, ...

**(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)**

... dass mer de Mënsch an de Mëttelpunkt stellen, an dass mer och wësse beim Mënsch, dass een deem muss déi Ënnerstëtzung ginn an déi Unerkennung ginn, déi e brauch. Well dat Schlämmst, wat et fir e Salarié gëtt, dat ass, dass fir déi Aarbecht, déi e bréngt, fir deen Asaz, deen e mécht, e weeder Respekt nach Unerkennung kritt. Och dat mécht krank an och dat bréngt sozial a gesondheetlech Problemer mat sech.

**(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)**

Well wann Der lech sozial net gutt fillt a wann Der net dee Respekt an déi Unerkennung kritt, déi Der lech erwaart, dat mécht lech krank. Dat si Problemer, déi hëlt ee mat heem. Dat si Problemer, déi hëlt ee mat an dat soziaalt Liewen eran. An da kënnst et och doduerch zu Konflikter, déi net musse sinn an déi ee mat alle Méigleckeete muss verënnernen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- En anert Theema am Aarbechts- a Gesondheetsschutz ass och eng Aarbechtssäitorganisatioun. Ech hu virdrun d'Beispill gi vum Teletravail. Esou kann een och nach aner Beispiller ginn an der Aarbechtssäitorganisatioun, ob een do net aner Weeër muss goen, nei Weeër muss goen. D'Lëtzeburger Gesetzgebung gesäit Méigleckeete vir, fir plazeweis méi flexibel ze schaffen, also plazeweis méi ze schaffen, plazeweis manner ze schaffen.

Mee de Covid huet eis gewisen, virun allem a verschiddene Secteuren, dass mer u Grenze gestouss sinn. An ech wëll do d'Beispill huele vum Gesondheetspersonal, wat plazeweis, net andauernd, huet mussen zwielef Stonne schaffen, wou Schwieriegkeete waren, fréi Deeg ze kréien, wou Schwieriegkeete waren, fir Congé eranzehuelen. Dat war beim Gesondheetspersonal esou, dat war bei dem Personal vun de Sécherheetsfirmen esou, déi och an deene leschten 18 Méint eng grouss Aarbecht hu musse leeschten, dat war beim Botzpersonal esou, dat war bei de Leit aus dem Transportberäich esou, wou ee gesinn huet, dass do an der Covid-Situatioun aner Ufuerderungen un déi Leit gestallt gi sinn aus deene véier Beräicher.

Ech ka bestëmmt och nach anerer opzielen. Mee mer mussen eis och do bewusst sinn, wat dat bedeit, am Kader vun der Aarbechtssäitorganisatioun, dass et net duergeet ze soen: „Elo kriss de eng lwwerstonn weider“, ouni un déi sozial Konsequenzen ze denken, déi do hannendru sinn.

A wann ech dat soen, dann ass dat, fir dass mir eis alleguerte bewusst ginn - déi, déi an der Politik Responsabilitéit huelen -, dass, wa mer eng Tariffpolitik maachen, wa mer eng Diskussioun féiere bei Staat a Gemengen, wat do d'Aarbechtsbedéngunge sinn, dat net nëmmen ass: E kritt eng Pai, en huet seng 25 bis 30 Deeg Congé, oder deemno wéi e Secteur et ass bis 33. Mee dass och dat Mënschlecht an deem ganze Kader net verluergeet, an dass et grad wichteg ass, och an deem Punkt Diskussiounen ze féieren!

Ech weess, dass d'Gesondheet an d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz virdrun ëmmer méi beim Sécurité-sociales-Minister am Mëttelpunkt stoung; dat ass an dëser Legislaturperiod jo eriwwekkomm bei den Aarbechtsminister.

Do kéint een och elo nach schwätzen iwwer Reclassement interne a Reclassement externe, wat och

alles mat Aarbechts- a Gesondheetsschutz ze dinn huet. Et kéint een och nach iwwert d'Assurance accident schwätzen, wat och erëm eng kéier e Punkt ass, dee mat der Aarbechtssécherheet ze dinn huet, mee ech mengen, dat géif an dëser Debatt ze wäit féieren.

Mee ech géif awer eng Ureegung maachen un deen neien oder zukünftege President vun der Aarbechtskommissioun an och un deen zukünftegen Aarbechtsminister, dass mer eis do vläicht mat engem Rapport eng kéier géife beschäftegen als Chamber fir ze soen: Wat bedeit dat a wat ass dat, fir ze soen, Gesondheet a Sécherheet op der Aarbecht? An dann net nëmmen eng Interpellatioun oder eng Heure d'actualité ze féieren, mee wierklech e Rapport ze erstellen iwwer all dat, wat mer mengen, wat wichteg ass a wat mer do mussen an de Mëttelpunkt stellen.

Ech mengen, Gesondheet an Aarbecht gehéieren zesummen a kommen ëmmer erëm an de Mëttelpunkt an an de Public, wann iergendwou eppes geschitt ass, sief dat e schrot Aarbechtsaccident, sief dat an esou enger Kris, wéi mer se elo déi lescht 18 Méint materlieft hunn. A fir de Rescht gëtt dat ëmmer méi, ech wëll net grad soen „zur Niewesaach“, mee huet et net dee Stellerwäert wéi verschidden aner Punkten.

An ech mengen, dass et grad un eis als Chamber ass, dass et grad un eis ass als déi politesch Responsabel fir ze kucken, dass mer dozou eng kloer Meenung soen; dass mer och domadder en Incentive un d'Sozialpartner ginn, woubäi ech awer do muss soen, dass d'Chambre des Salariés reegelméisseg och e Rapport erausgëtt iwwert d'Sécherheet an de Gesondheetsschutz op der Aarbecht; dass mer do och Incentivë setzen, fir dass dat och en Thema ass, wat net däerf aleng als Käschtefacteur duerch d'Assurance accident zielen, duerch déi Cotisatiounen, déi do bezuelt ginn, oder duerch Krankeschäiner, déi entstinn, oder duerch Onfäll, déi geschéien, mee dass et sech net aleng däerf dorop limitéieren.

An dofir géif ech och en Appell maachen, wéi gesot, un deen neie President oder zukünftege President vun der Aarbechtskommissioun an den zukünftegen Aarbechtsminister, dat och mat op de Leescht ze huelen, an dass et wichteg wier, dass mer eis als Chamber do mat engem Rapport géife beschäftegen, net nëmme mat enger Interpellatioun oder enger Motioun oder enger Resolutioun, mee dass mer do e konkrete Pabeier géifen ausschaffen, deem mer dann och dee Stellerwäert géife ginn, fir dass och do dann déi aner Leit wëssen, wéi d'Chamber, wéi de Pouvoir public dozou steet. An dass et do wichteg ass, fir déi Signaler och no bausse ze setzen. An dat am Interêt vun allegueren deene Mënschen, déi schaffe ginn, fir allegueren déi Mënschen, déi fir Loun a Gehalt enger Aarbecht noginn. Well nach ëmmer ass et de Mënsch, dee muss am Mëttelpunkt stoen, an dat ass um Aarbechtsmaart méi wichteg wéi jee!

Villmools merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci och dem Här Spautz.

An ech gesinn, déi éischt Riednerin, d'Madamm Carole Hartmann, ass scho prett. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

■ **Mme Carole Hartmann (DP).**- Merci, Här President, léif Kolleeinnen a Kolleeen, per Definitioun ass en Accident en ongléckleche Virfall, deen onerwaart an onabsichtlech geschitt an zu Blessuren a souguer bis zum Doud ka féieren.

Mee dat wëllt awer net heeschen, dass een net Precautiounen huele kann, fir eventuell Risiken aus dem Wee ze raumen, déi Accidenter provozéiere kënnen. Esou, wéi een doheem zum Beispill keng geféierlech Géigestänn bei klenge Kanner leie léisst oder en agestachene Fön niewent enger voller Buedbidden, sou mussen och op der Aarbechtsplaz Risiken identifizéiert a Virsiichtsmoosssname getraff ginn.

Leider ass et net méiglech, all Accident oder Krankheitsfall op der Aarbecht ze verënnernen, mee et kann een awer preventiv d'Mesuré verbessern an ausbauen, fir d'Zuelen esou niddreg wéi méiglech ze halen. Preventioun ass nämlech déi beschte Medezinn. A long terme ass si och dee beschten Invest, souwuel fir de Salarié an de Patron wéi och fir eise Wirtschafts- a Sozialsystem.

Niewent de physeschen a psychesche Schied kascht all Krankheitsfall an all Accident och Suen, an der Moyenne vun 3.800 Euro pro Fall, a bei insgesamt 15.415 gemellte Fäll - sou steet et am Rapport vun der Association d'assurance accident - muss een dervunner ausgoen, dass dat d'Assurance accident bal 59 Milliounen Euro kascht. Dorënner fale Krankheitsfäll an Accidenter op der Aarbecht souwéi Accidenter um Aarbechtswee. Bei den Accidenter goufe ronn 22 % respektiv 33 % manner Fäll gemellt. Opgrond vun der Pandemie,

wou vill Leit net schaffe waren a sech dowéinst och manner deplacéiert hunn, sinn dës Zuelen awer net onbedéngt aussokräfteg.

Dat selwecht gëllt bei de Krankmeldungen, déi eng Hausse vun 146 % verzechent hunn, well Covid-19 an d'Lëscht vun de professionelle Krankheeten opgehall gouf. Eng Zuel, iwwert déi ee sech awer Gedanke soll maachen, ass déi vun den Doudesfäll. Leider sinn 19 Doudesfäll - dräi méi wéi 2019 - fir 2020 ze bekloen. Dowéinst musse mir eis och weiderhi konsequent ëm méi Gesondheet a méi Sécherheet op der Aarbecht beméien.

An der Preventioun ass awer och scho villes geschitt. D'ITM kontrolléiert reegelméisseg d'Aarbechtsplazen dorobber, ob d'Sécherheetsstandarden agehale ginn, déi duerch d'Legislatioun festgeluecht sinn. De Service prévention vun der Association d'assurance accident bitt, wéi den Numm et schonn undeit, Berodung, Sensibiliséierung an Informatiounen zu Preventiounsmesuren un. De Service de santé au travail multisectoriel féiert, ënner anerem, medezinnesch Kontrolle vun de Salariéen duerch, evaluéiert eventuell Risiken an de Betriber, gëtt Éischt-Hëllef-Coursen an intervenéiert och an Entreprises, fir psychosozial Risiken ze verënnernen. Dofir hu si och eng Toolbox a Flyeren ausgeschafft, déi op hirem Site fir all Mënsch fräi zougänglech sinn.

Virun allem Suchtproblemer ginn hei thematiséiert. 25 % vun all den Aarbechtsaccidenter sinn nämlech op Alkoholkonsum zrëckzeféieren. An do gëllt et och, drop opmierksam ze maachen, dass dës Accidenter net vun der Assurance couvréiert ginn.

Zanter 2008 organiséiert och d'UEL reegelméisseg Manifestatiounen, déi sech mat Sécherheet a Gesondheet am Betrib befaassen, dat zesumme mat ville Partner, dorënner ArcelorMittal, d'ITM, de Ministère de la Sécurité sociale, de Groupe Foyer an den Institut national pour le développement durable et la responsabilité sociale des entreprises.

2016 koum dunn deen nächste wichtege Schratt mat der nationaler Strategie „Vision Zéro“, déi vun der UEL, dem INDR an der Assurance accident ausgeschafft gouf a vill Signatairë fonnt huet, dorënner, nieft villen Entreprises, den Aarbechtsministère an d'national Gewerkschaften.

D'„Vision Zéro“ leet siwe gëlle Reegelen a véier Prinzippe fest, fir e séchert Aarbechtsëmfeld ze schaffen. D'Virbidfunktioun vum Patron, d'Definitioun vu konkreten Ziler an den Invest an d'Formatioun vun de Salariée si just e puer Beispiller, déi d'Responsabilitéit vun den Entreprises ënnersträichen.

Mee och d'Politik spillt eng wichteg Roll. An et sinn nach e puer Gesetzesprojeten um Instanzewee, déi zu enger Verbesserung vun der Gesondheet an der Sécherheet op der Aarbecht bäidroen kënnen.

De Projet de loi géint de Mobbing op der Aarbecht an d'Recht op Dekonnexioun kënnen zu engem bessere mentale Wuelbefanne vun de Salariée baidroen. An no enger Erhéijung vum Personal ass nach eng weider Reform vun der ITM och geplangt, mat enger méi effizienter Struktur a mat Prozesser a Prozeduren, déi besser un hir Missiounen ugepasst sinn.

Eist Zil ass et ëmmer, kee Blesséierten a keen Doudegen duerch Aarbechtsaccidenter ze hunn. Dorobber gëtt konsequent higeschafft. A fir d'DP ass dat Zil just zesumme mat jidderengem erreechbar. Jidderen ass gemeinsam an der Verantwortung: De Patron, dee fir e séchert Aarbechtsëmfeld surger muss, ...

**(Interruption par la présidence)**

... de Salarié, dee mat sengem Verhale säi Gesondheitszoustand an d'Sécherheet, och déi vu sengen Aarbechtskolleeen, matbeaffosse kann, an natierlech d'Politik, déi d'Sécherheetsstandarden definéiert a Sanktioune festleet, wa sech net dorunner gehale gëtt.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci och. An den nächste Riedner ass den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President. Léif Kolleeinnen a Kolleeen, d'Diskussiounen ëm de fakultative CovidCheck an de Betriber an an den Administratiounen an deemnächst den 3G-Regimm op der Aarbechtsplaz, deen huet d'ëffentlech Opmierksamkeet nach eemol nei op dat Theema vun der Gesondheet an der Sécherheet op der Aarbechtsplaz gelenkt. Et ass e wichtege Sujet, och, mee ganz kloer net nëmmen am Kader vun der Pandemie. An duerfir merci dem Marc Spautz, dass hien dës Heure d'actualité hei ugefrot huet.

De Code du travail, dee gesäit vir, dass den Employeur all néideg Mesuren hëlt, fir d'Sécherheet an d'Gesondheet vu senge Salariéen ze schützen. Dat steet am Code du travail am Artikel 312-2, a gläichwäerteg Bestëmmungen, déi ginn et och an der Fonction publique, bei de Gemengen an och am assimiléierte Secteur.





Dozou gehéiert natierlech, dass de Patron sécherstellt, dass d'Aarbechtsplaz an d'Ofleef de geltende Sécherheetsbestëmmungen entspriechen. Dat gëllt fir d'Aarbechts- an d'Schutzmaterial, mee och fir d'Reegelen an d'Standarden, déi mussen agehale ginn. Dat gëllt zum Beispill fir Kasken a Sécherheetsschong bei verschiddenen Aarbechter op dem Chantier, mee och fir uerdentlecht Material an Ekipment um Büro, sou zum Beispill de Stull am Büro, fir den ergonomeschen Ufuerderungen ze entspriechen. All dëst gëllt eeben och am Kader vun der Pandemie fir de beschtméigleche Schutz vum Personal.

An deem Kontext schéngt et mir och wichteg ze sinn ze betounen, dass d'Responsabilitéit fir d'Sécherheet an d'Gesondheet an engem gewëssene Mooss eng gedeelt ass. Fir beim Beispill vun de Sécherheetsschong ze bleiwen, do bedeit dat, dass de Patron derfir muss suergen, dass déi Schutzkleedung disponibel an an engem gudden Zustand ass. Den Ugestallten, dee muss se dann awer och notzen, dee muss sech un d'Reegelen halen an dat Material, wéi gesot, benotzen, sou wéi et virgeschriwwen ass. De Patron, dee muss e gesond an e sécherchert Aarbechtsëmfeld fir seng Salariéen ubidden. A jo, do ginn et nei Situatiounen, wéi den Här Spautz et gesot huet, ënner anerem déi vum Teletravail, an déi mussen och an dësem Sënn gereegelt ginn.

Här President, an de leschte Joren ass vill geschitt, fir de Kader fir méi Sécherheet a Gesondheet op der Aarbechtsplaz ze verbesseren. Ech denken do ënner anerem un d'Reform vun der Assurance accident am Joer 2010, déi nieft enger besserer Indemnisation vun de Persounen, déi en Aarbechtsaccident haten, och de Kader gesat huet fir e System, deem d'Patronen incitéiere soll, fir méi an d'Prevention ze investéieren a fir méi Sécherheet a Gesondheet op der Aarbechtsplaz ze suergen.

Weéneeg verwonnerlech ass et, dass 2020 bedéngt duerch d'Pandemie d'Zuel vun den Aarbechtsaccidenter staark zrëckgaangen ass: ëm méi wéi 20 %, d'Aarbechtsaccidenter vu 16.000 op 12.600 an Accidenter um Aarbechtswee och vun 3.600 op 2.400.

Op där anerer Säit ass awer d'Zuel vun de sougenannte professionnelle Krankheete staark eropgaangen: e Plus vun 145,6 %, an éischter Linn Gesondheits- a Fleegepersonal, déi un éischter Linn gekämpft hunn a sech da leider och infizéiert hunn. Si (veuillez lire: All d'Covid-bedéngte Fäll) hunn 218 vun am Ganzen 313 unerkannte professionnelle Krankheeten ausgemacht.

Virun dem exzeptionelle Joer, virun dësem Joer, an zënter 2014 ass d'Zuel vun den Aarbechtsaccidenter méi oder weéneger stabill bliwwen, während den Emploi iwwert deem Zäitraum awer ganz staark an d'Luucht gaangen ass. Dat kann een u sech positiv bewäerten, mee et bleift awer, dass et nach vill Aarbechtsaccidenter mat déidlechem Ausgang gëtt: 2020 waren et der 19, souguer dräi méi wéi 2019, d'Madamm Hartmann huet et gesot. An all Doudegen op der Aarbecht ass een ze vill. Do si mer eis alleguerten eens. Do hänke ganz tragesch Situatiounen hannedrun.

Et ass evident, dass do nach vill Efforte musse gemaach ginn. Dat war och d'Zil vun dem Forum de la sécurité et de la santé au travail, deem den 23. November dëst Joer eng éischte Kéier digital ofgelaf ass. Organiséiert gouf e vun den Initiateure vun der „Vision Zéro“, et ass och schohn hei virdrun drop agaange ginn.

Et ass wichteg deemno, d'Betriben ze sensibiliséieren, dass se sech ëmmer méi als Betrib och fir d'Aarbechtssécherheet an d'Gesondheet engagéieren a virun allem dann och eng Preventiounskultur opbauen. Preventioun a Sensibiliséierung, Dir Damen an Dir Härn, dat ass a puncto Sécherheet a Gesondheet op der Aarbechtsplaz nämlech extreem wichteg. Ouni Kontrolle geet et awer och net, an duerfir wäert och d'ITM do eng wichteg Kontrollfunktioon hunn. D'ITM huet méi Leit kritt. Si brauch der awer nach weider, fir dass se och hirer Kontrollfunktioon nach méi gerecht ka ginn. Wat d'ITM méi present op de Chantieren ass, wat d'Situatioun a puncto Sécherheet a Respekt vun de Reegelen nach besser ass. An zousätzlech Fortschrëttler wäerte mer eis dann och vun der Reform vun der ITM erwaarden.

Ech kommen zu mengem leschte Saz: Sécherheet a Gesondheet op der Aarbechtsplaz ass net eng Saach, déi nom Accident eréischt eescht geholl muss ginn, mee déi virdrun all Efforte brauch, fir d'Risiken ze eliminéieren, éier en Accident geschitt.

„Gesundheit ist nicht alles, aber ohne Gesundheit ist alles nichts.“

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och dem Här Engel. An den nächste Riedner ass den Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Carlo Back** (*déi gréng*). - Merci, Här President. An och merci un de Marc Spautz, fir de Sujet hei

ugeschwat ze hunn, a virun allem, fir e Setting ze maache vun dem Thema.

Ech wéilt mech awer hei limitéieren an eng Rei lwwerleunge maache vun eiser Fraktioun zu dem Impakt vun der Covidpandemie op d'Gesondheet an d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz. An do wëll ech de positiven Effekt vun de preventive Moossnamen ervirsträichen, déi geholl goufen am Kontext vu Covid. Ech denken do un de Lockdown, deem huet sécher derzou bäigedroen, dass d'Infektiounen limitéiert gi sinn. Teletravail huet sécher och do gehollef, Chômage partiel och, dass ee konnt doheem bleiwen. Ech denken do och un de Bausecteur, deem iwwert e ganze Mount zou war. Den Horeca huet sécher och duerch d'limitéiert Aktivitéiten säi Personal besser geschützt. An et gouf och manner Pollutioun - dat huet elo net direkt en Effet op d'Aarbechtsplazen, mee et soll een dat awer ernimmen.

An den Teletravail, alles dat, wat ech elo opgezielt hunn, an och de Chômage partiel, haten och net nëmme positiv Säiten. Et sinn och negativ Säiten, déi produzéiert goufen: psychologesch respektiv mental Problemer wéinst zum Beispill Manktem u soziale Kontakter, déi muss een och hei ernimmen. An dës Symptomer maache sech speziell bemierkbar, ech kommen nach dorop zrëck, am Long-Covid - Covid de longue durée.

De Covid ass eng nei Pathologie allgemeng fir eist Gesondheitswiesen a sécher och fir d'Gemitt, wat mer haut hei uschwätzen. Um Niveau vun der Aarbecht wësse mer och net ganz vill.

Ech wéilt eng Rei Froe stellen, mee ech weess, dass et net einfach ass, dorop ze äntwerten. Mee deem neien oder deem nächsten Aarbechtsminister kann da vläicht kucken, wéi en déi Donnéeën do kéint eventuell hëllefen zesummenzedroen. Zum Beispill: Wat ass d'Inzidenz vu Covid an deenen eenzelnen Aktivitéitssecteuren, zum Beispill am Secteur Santé, déi ganz no bei de Kranke waren an nach sinn, oder zum Beispill am Enseignement? Ech hunn elo gelies, dat wieren an der Belsch déi Secteuren, déi am meeschte betraff wieren. Gëtt et Donnéeën iwwert d'Unzuel vun Infektiounen, där hir Ursach eventuell op der Aarbechtsplaz ze sichen ass? Also kann een nowiesen, dass d'Infektiounen op der Aarbechtsplaz stattfonnt hunn? Hu mer dozou Donnéeën? Wat fir Statistike respektiv Donnéeë kënnen eis de Contrôle médical oder d'Services santé au travail ginn, zum Beispill iwwer länger Congés de maladie a Relatioun mat Covid?

Da kommen ech zum Covid de longue durée oder dem Long-Covid. Dat si Symptomer, déi bleiwen och e puer Méint no der akuter Krankheet oder no der Geneesung. Déi zwee heefegst Symptomer, déi opgezielt ginn, dat sinn eng anormal Middegkeet oder eng Dyspnée, also eng Otemnout. Aner Symptomer kënnen och do associéiert sinn.

De Moment gëtt et hei am Land en nationale Projet pilote, fir déi Patienten en charge ze huelen. Et ginn do de Moment ongeféier 350 Patienten, déi an dësem Projet pilote agebonne sinn. Eng international Studie huet gewisen, dass do bis zu 700 Persounen pro Joer an engem Land wéi Lëtzebuerg kéinten dervu betraff sinn. De Projet ass eng Synergie tëschent dem Rehazenter vun Kierchbierg, dem Centre hospitalier, dem Domaine Thermal vu Mondorf an dem Centre Hospitalier Neuro-Psychiatrique Ettelbréck an d'Patiente ginn do en charge geholl no enger Grille de triage an no enger Réunion de concertation pluridisciplinaire. A wat interessant ass: De CHNP - also de Centre Hospitalier Neuro-Psychiatrique vun Ettelbréck - ass mat an dëse Projet integréiert ginn, well och vill soziopsychologesch Problemer bei dëse Patiente festgestallt goufen.

Den Haaptobjektiv vun dësem Projet pilote ass - an dofir mentionéieren ech dat hei -, fir déi betraffe Persounen, déi bal all nach an engem Aarbechtsverhältnis sinn, erëm zrëck op hir Aarbechtsplaz ze bréngen.

Fir dës nei Pathologie besser ze verstoen, wier et och gutt, wann dës Institutionen e Rapport iwwer hir Prise en charge géife maachen. An dëse Projet, krut ech och gesot, huet awer nach de Souci, dass säi Finanzement iwwert déi nächst Joren nach misst ofgeséichert ginn.

D'Maladie professionnelle ass och ugeschwat ginn. Ech wëll dofir elo net weider dorop agoen. Ech wëll awer hei mat den Accidents de travail ofschléissen, deenen ech awer e bësse méi Opmierksamkeet wëll ginn.

D'Donnéeë vun der Assurance accident sinn hei opgezielt ginn. Déi sinn en diminution gewiescht am leschte Joer, mee d'déidlech Accidenter bleiwe stabil: 19 Accidenter, 19 Persounen sinn 2020 ëmkomm, 16 waren et der nach am Joer 2019.

Paradox bei deenen Donnéeën ass, dass et méi déidlech Accidenter um Wee op d'Aarbecht gouf - néng Stéck - wéi déidlech Accidenter op der Aarbecht selwer. Där gouf et nëmme sechs Stéck, wou et dach manner Trafick gouf. Wéi kann een dat erklären? Mee leider gëtt et och do keng Donnéeën, wéi an a wéi engem Secteur dës Accidenter geschitt sinn.

Ech kommen dann zum leschte Punkt. Erlaabt mer do eng perséinlech Remark. An dat heiten erënnert mech ..., bréngt mech 40 Joer zrëck, wéi viru menger Hausdier e Gruef agefall ass - meng Hausdier, dat war op der Areler Strooss - an do dräi portugisesch Gaaschtaarbechter dout begruewe goufen. Dat war 1984.

Mir haten erëm esou en Accident virun e puer Wochen. An do stellen ech mer awer elo Froen, wéi dat nach méiglech ass, dass esou eppes geschitt. Mir hunn d'Assurance accident, déi technesch Virschrëften huet. Do muss Krings-Verbau, wéi dat technesch genannt gëtt, agebaut ginn: stole Placken, déi agefouert ginn an déi dann och protegéiere sollen, dass de Gruef net zesummefält. Ech weess net, wat hei gemaach ginn ass. Ech kennen och d'Situatioun net genau, mee ech wëll awer drop opmierksam maachen: Dat schéngt hei op d'mannst net de Fall gewiescht ze sinn.

Da gëtt et och all déi Acteuren, déi sech hei ëm d'Prevention solle bekëmmern, d'Assurance accident, d'ITM, déi onofhängeg ass, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Dir misst zur Konklusioun kommen.

■ **M. Carlo Back** (*déi gréng*). - Ech kommen zur Konklusioun. D'Delegatioun vun den Aarbechter, wou an all Delegatioun vun engem gréisseren Betrib eng Persoun fir d'Sécherheet zoustänneg ass: Wéi ass et mat der Sécherheet a klengen Betriber, mat Aarbechter, déi aus Länner kommen, déi net déi selwecht Sécherheitskultur hu wéi mir? An dat ass meng Fro, déi ech stellen, meng Konklusioun: Ee gutt Zesummespill vun all den Acteuren misst esou Accidenter verhënneren. A meng Fro ass: Huet dëst Zesummespill net och ënnert der Pandemie gelidden?

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och. An eisen nächste Riedner ass de Jeff Engelen.

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*). - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir unzefänken, e Merci un den Här Marc Spautz fir dës Aktualitéitsstonn. Ech mengen, et ass wichteg, dass mer eis och vun Zäit zu Zäit hei an der Chamber mat esou Saache befaassen.

Ech mengen, mir wëssen alleguerten, dass d'Aarbechtswelt sech déi lescht Joerzëngte staark verännert huet, an déi zwee Joer duerch de Covid nach e bësse méi staark. Et gëtt ëmmer méi stressig an et gëtt ëmmer méi vum Mënsch gefuerdert.

De Gesondheetsschutz op der Aarbecht an och de Schutz vun der Sécherheet op der Aarbecht ëmfaasst am Fong geholl dräi grouss Beräicher.

Éischtens emol Moossnamen zur Preventioun vu beruufsbedéngte Krankheeten, Moossnamen zur Förderung vum Wuelbefannen op der Aarbecht an och Moossnamen zur Vermeidung vun Aarbechtsaccidenter.

Aarbechtsbedéngt kierperlech a psychesch Problemer a Gefore musse fréizäiteg erkannt ginn an, esou gutt et geet, verhënnert ginn. Dobäi spillen och Aspekter wéi d'Reduzéierung vu pathogenen Aarbechtstoffer, eng effikass Aarbechtsorganisatioun an eng optimal arbeitsmedezinesch Betreuung eng wichteg Roll.

De Patron ass, laut Code du travail, verantwortlech fir d'Sécherheet an de Gesondheetsschutz vu senger Salariéen. Mee och de Salarié muss sech un d'Spillsregelen halen. An deem Kontext spillt och d'Inspection du travail et des mines als Kontrollorgan eng wichteg an och eng berodend Roll. Leider goufen et an deene leschte Joren net just positiv Nouvelen, wat d'Aarbechtskonditiounen hei zu Lëtzebuerg ugeet, speziell am Bausecteur. 2020 hat d'ITM am Bausecteur 469 Infraktiounen am Zesummenhang mat feelerhaften Echafaudagen. Aarbechter, déi hei am Land leider buchstäblech an den Doud stierzen, si keng Seelenheet. Leider schéngt vill eenzel Betriber dësem Sujet weéneeg Opmierksamkeet ze schenken oder entgéintzebréngen. An de Verwaltungen sinn zwar Sensibiliséierungscampagnen duerghefouert ginn, mee wéi een aus villen anere Beispiller aus der fräier Wirtschaft weess, bréngen esou Initiativen net allze vill, wa se net vu gesetzleche Contraintë begleet ginn.

Alles, wat mat Zousazkäsche verbonnen ass, ass fir eenzel Betriber en Tabu. Mir ënnerstëtzen d'Initiativen, fir der ITM zousätzlech Moyenen a Kompetenzen ze ginn, fir hir Aufgaben ze erfëllen. Ech mengen, déi goufe jo déi lescht Jore beträchtlech eropgesat.

Mee et muss een awer wëssen, dass kierperlech Aarbecht, ...

(*Brouhaha*)

... e méi héije Risiko mat sech bréngt, wéi wann een elo keng kierperlech Aarbecht ..., Ech mengen,

wann ee méi eng geeschteg Aarbecht mécht, do ass de Risiko manner grouss.

Erlaabt mer nach e Wuert zu de Krankheete vun de psycheschen a soziale Risiken. Déi si grad esou grouss: Stress, Burnout, tëschemënschlech Konflikter, Mobbing - alles dat sinn haut Problemer, déi leider an de Betriber alldeelegch gi sinn.

Och dat weist drop hin, dass de Facteur Mënsch an der Aarbechtswelt ëmmer méi ënner Drock gesat gëtt.

Och do musse mer vläicht dergéint schaffen. Hei musse mer Preventiounsstrategieën fannen, fir schlecht Aarbechtsbedéngungen ze verhënneren. Mee tëschent guddem Wëllen a Realitéit besteet oft ee grouse Géigesaz.

Wéi erwäant, de berufflechen Harcèlement gëtt ëmmer méi akut. Dobäi kënn, dass ëmmer méi Beschäftegter zouginn, dass se Problemer hunn, hire Beruff an hiert Familjeliewen an Aklang ze bréngen.

D'Aufgaben, déi e Beschäftegten hautdesdaags huet, ginn ëmmer méi komplex. Den Aarbechtsdruck an d'Intensitéit vum Aarbechtsrhythmus huelen zou. Vill Beschäftegter, déi dorënner leiden, sinn ëmsou méi onglécklech, well se wëssen, dass se net demissionéiere kënnen, well se da kee Chômagegeld kréien. Fir si ass dat dann eng qualvoll Existenz. Duerfir sollt de Gesetzgeber driwwer nodenken, fir Chômageallocatiounen och deene Leit zuzegestoen, déi aus psycheschem Drock quasi gezwonge ginn ze demissionéieren. Allerdéngs missten och esou Initiative vu vir eran eenzel Abusen ausschleissen, wat ganz schwierig gëtt. Mir ginn dat zou.

Eng aner traureg Realitéit an der fräier Wirtschaft sinn all Forme vu Mënschenhandel. Dës kommen déi lescht Joren ëmmer an ëmmer méi op.

Mee erlaabt mer zum Schluss, nach e Wuert zur Heemaarbecht ze soen. Dës wäert an der Zukunft ëmmer méi wichteg ginn an deelweis och zouhuelen. Dat ass och befligelt ginn duerch d'Covidgesetz oder d'Covidgesetzter. Et kënnen vun elo u vill Leit doheem schaffen.

Mee dat bréngt awer dann och eenzel Stresssituatiounen op der Aarbechtsplaz selwer mat sech.

(*Interruption par la présidence*)

Et ass kloer, dass déi, déi am meeschte vu schwéieren Aarbechtsaccidenter betraff sinn, wéi d'Landwirtschaft, d'Handwierk, de Bau, d'Industrie an d'Transportwiesen, manner op Heemaarbecht kënnen zrëckgräfen, praktesch guer net, wat och erëm riskéiert, nei Spannungen an d'Gesellschaft eranzebréngen; och innerhalb vun engem Betrib: Spannungen tëschent deenen, déi vun doheem aus schaffe kënnen oder dierfen an deenen, déi dës Méiglechekeet net hunn. Zu dëser zweeter Kategorie gehéiere ganz oft sozial Schwaacher oder manner qualifizéiert Mënschen.

An ech géif lech da Merci soe fir Är Opmierksamkeet. Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci och. An d'Wuert huet d'Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*). - Här President, sécher a gesond Aarbechtsbedéngungen sinn zentral Errungenschaften vun der Aarbechterschaft a vun de Gewerkschaften, déi sech géint kierpelech a gesondheetlech Risike vun de schaffende Leit agesat hunn.

D'Entwécklung vun den Zuelen, wat d'Aarbechtsaccidenter an och d'Doudefall op der Aarbecht betrëfft, ass och zrëckgaangen iwwert déi lescht Joerzëngten. D'Verhältnis vun den Accidenter par rapport zu der Zuel vun de Beschäftegten zu Lëtzebuerg ass kontinuierlech erofgaangen. Et geschéien awer nach ëmmer vill ze vill Accidenter, well am Schnëtt stierwen zu Lëtzebuerg ee bis zwee Beschäftegter de Mount duerch en Aarbechtsaccident.

Dës Entwécklung spigelt natierlech och erëm, dass d'Aarbecht mat der Verännerung vun de wirtschaftlechen Aktivitéiten och geännert huet. D'Aarbecht an der Industrie oder an der Konstruktioun war an ass méi geféierlech, wéi eng Aarbecht um Büro. De Réckgang vun den Accidenter op der Aarbecht ass also sécherlech och mat dem Réckgang vun der Zuel vu geféierlechen Aarbechten zrëckgaangen. Allerdéngs bedeit dat och, dass d'Kämpf ëm besser Aarbechtsbedéngungen och historesch an engem industrielle Kontext stattfonnt hunn a Risiken, déi duerch nei Aktivitéiten an Aarbechtsformen, mee och duerch wirtschaftlech Bedéngungen entstinn, nach net genuch a Betrecht gezu ginn.

Gesondheetlech Problemer, déi duerch wuessende Stress a Belaaschtung, déi wuessend Vernetzung an oft net respektéiert Dekonnexioun vum Salarié, nei marginal Praktike mat stänneger Evaluatioun, héijem Erwaardungsdruck an iwwerdrüwenen Ufuerderunge bei Leeschtung a Flexibilitéit, präkär





Kontrakter op Zäit entstinn, ginn haut nach vill ze weéneg berécksiichtegt. Mir mengen dowéinst, datt de psychosoziale Risiken onbedéngt méi staark vun der Aarbechtsmedezinn muss Rechnung gedroe ginn. Et kann net sinn, datt dës Problemer individualiséiert a medicaliséiert ginn. Nee, si mussen als e Risikofacteur jee no Aarbechtsplaz unerkannt ginn, wat et och erlabe géif, preventiv virzegoen.

Verschiede Gesetzestexter, déi an de leschte Méint deposéiert gi sinn, wéi dat iwwert den Droit à la déconnexion, kënnen och en Undeel vun engem Dag op deen anere komplett changéiert hunn. Dat Vun-do-heem-aus-Schaffe wäert a ville Beräicher zu enger Norm ginn. An do stelle sech haut scho Froen a Bezuch op d'Gesondheet. Well si mer mol ganz éierlech: Wéi ee Salarié huet dann doheem vum Patron d'Material zur Verfügung gestallt kritt, fir komfortabel ze sëtzen? Wien huet iwwerhaapt e separate Bürosraum doheem? Ganz oft leeft den Teletravail doheem um Kichendesch. Hei entzitt sech also no an no en Deel vun der Aarbecht vum Kontrollorganer. Mir mengen, datt dat e grouse Problem ass, well d'Aarbechtskonditiounen do an engem gewësene Mooss zu enger individueller Responsabilitéit ginn.

Här President, 2016 gouf eng Strategie mam Numm „Vision Zéro“ tëschent Regierung, Patronat a Gewerkschaften ënnerschriwwen mam Zil, fir d'Aarbechtsaccidenter a Richtung null ze drécken. Dat ass begrëssenswäert. Mir froen eis awer konkret, wéi eng Mesuren ergraff gi sinn, fir dëst Zil och tatsächlech ze erreechen. Vill Betriber hu sech der Charte ugeschloss. Mee wat bedeit dat elo am Konkreeten? Hu se Aktiounspläng opgestallt a Mesuren ergraff, fir d'Risiken fir hir Beschäftegt ze reduzéieren? Dozou kann den Här Aarbechtsminister eis vläicht eppes soen.

D'Ziel vun den Aarbechtsaccidenter ass am Joer 2020 natierlech däitlech méi déif gewiescht, wouduerch eng 20%eg Reduktioun vun den Accidenter bis 2022 dierchaus realistesch ass. Mee wéi aganks gesot, huet dës Entwécklung natierlech ganz vill mat der Pandemie an hiren Auswierkungen ze dinn. A mir mengen, datt effikass Mesuren op politeschem wéi och op betrieblechem Niveau erfuertert sinn, fir nohaltig Fortschrëttler kënnen ze erreechen.

Laut de leschte verfügbaren Zuele vun Eurostat huet Lëtzebuerg bis haut ee vun den héchsten Taux-d'incidencé bei den déidlechen Aarbechtsaccidenter an der EU. Nëmmen nach zwee aner Länner hunn en änlech héijen. Natierlech kann dëst un ënnerschiddlechen Erfaassungsmethoden leien. Et läit och sécherlech drun, datt de Konstruktionssektor bei eis méi grouss ass, mee dat kann awer net driwwer ewechtäuschen, datt Lëtzebuerg an deem Beräich net gutt dosteet.

Eng änlech schlecht Positioun hëlt Lëtzebuerg och an, wat d'Aarbechtsmedezinn ugeet. D'CSL huet an enger Nott vun dësem Joer gewisen, datt Lëtzebuerg bei der Ziel vun den Aarbechtsdoktere pro 100.000 Beschäftegter just an der zweeter Hall-schent vun der Tabell an der EU steet. Soumat wier d'Legislatioun säit Laangem awer scho laut der CSL net méi agehalen, déi een Aarbechtsdokter op 5.000 Salarié virgesäit. Dat erkläert sécherlech och firwat ganz vill Examens d'embauche just nach mat Formulairé gemaach ginn. Et sinn einfach net genuch Dokteren do.

D'Preventioun vu gesondheetleche Problemer oder d'Fréierkennung vu Beruffskrankheeten ginn an esou engem Kader natierlech eng ganz schwéier Aufgab. Mir mengen, datt dat eng ganz wichteg Problematik ass, iwwert déi mir elo hei net méi am Detail kënnen schwätzen, mee dat misste mir deemnächst op dëser Plaz awer nohuelen.

Villmoos merci dem Här Marc Spautz fir dës interessant Heur d'actualité a villmoos merci fir d'No-lauschteren.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci gesot. An de leschte Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'éischt wëll ech och mengem Bänknoper, dem Marc Spautz, Merci soen, fir d'Ufro vum dëser Aktualitéitsstonn.

D'Gesondheet steet jo momentan am Fokus wéi sécher ni virdrun. Seelen hu mer esou laang an esou intensiv iwwer Gesondheet geschwat, net nëmmen op der Aarbechtsplaz, mee insgesamt. An egal mat wem ech hei schwätzen, - ob heibannen, ob do-baussen -, et schwätzt een ëmmer iergendwéi iwwert dee blöde Virus. Mee Gesondheet ass jo awer vill méi wéi just de Schutz virum Covid-19.

Mir dierfen awer an dësen Zäiten net aner gesondheetlech Aspekter aus den Ae verléieren. Och während der Pandemie hunn d'Aarbechtsdokteren glécklecherweis hir Aarbecht gemaach an hunn och bereitgestanen, wann e Betrib, eeben och Froen zur Pandemie hat. Si hunn de Betriber gehollef, hir Aktivitéiten anescht ze organiséieren, fir do wou et goug op den Teletravail ëmzestellen, a gehollef, déi vulnerabel Salariéen op der Aarbecht esou gutt et geet ze schützen.

Eng ganz wichteg Aarbecht, déi se nieft hiren normalen Tâchen u sech nach dobäi gemaach hunn. Leider ass dësen Aarbechtspensum awer kaum nach ze meeschteren, well et op ville Plazen un Aarbechtsdoktere feelt. Laut Artikel 322-3 vum Code du travail, dierf een Aarbechtsdokter sech maximal ëm 5.000 Salariéë këmmen. Eng u sech schonns immens héich Ziel, wann een dat esou bedenkt, déi a verschiddene Beräicher awer leider haut iwwerschratt gëtt. A multisektoriell géife 55 Doktere gebraucht ginn, an et feelt u 14 Dokteren.

Och am Secteur tertiaire et financier bei der ASTF kann de Quota säit 2018 net méi agehale ginn. Ech war selwer dëst Joer bei engem Aarbechtsdokter an ech hu mech dunn - wéi een dat als Deputéierten esou mécht - nach e bëssen informéiert, wéi d'Situatioun ass. Et héiert een, datt d'Situatioun, déi sech hanner deenen Zuele verstoppt, um Terrain als immens dréckend wouergeholl gëtt. Et fillt ee sech e bëssen als „dernière ligne de défense“. An et traute kee sech opzehalen, well: Wie soll et soss maachen? Mee et gëtt awer och net wierklech besser. An dat ass, mengen ech, e Problem, dee mer wierklech mussen ugoen, well et kann net sinn, datt mir als Staat eis eege Gesetzter net respektéieren. An awer verstinn ech, wou et hierkënn. Mir fannen déi Dokteren net. Se wuessen net op de Beem. Dee ganze Gesondheitssektor sich verzweifelt an händérend no speziell ausgebildeten Kräften, dozou zielen eeben och d'Aarbechtsdokteren.

An dat Ganzt kënn dann an eng Zäit, wou d'Unzuel vu Burnoute vum 2018 op 2019 ëm 45 % geklommen ass. Dës Ziel huet sech an de Pandemiejoren 2020 an 2021 sécher net verbessert. Tout au contraire fäerten ech, datt déi Zuele sech éischter verschlëmmert hunn, well vill Leit fülle sech mental belaascht a bräichten de Support, bräichte vläicht och eng Kéier d'Visitt beim Aarbechtsdokter, fir dat diagnostizéiert ze kréien.

An da komme mer erëm op e Punkt ze schwätzen, vun deem ech esou lues d'Nues awer voll hunn, well nach ëmmer steet den Accord tëscht de Psychologen, also Psychotherapeuten, vun der Fapsylux an der CNS net. Ech hat haut net fir näischt eng Fro derzou gestallt. Ech hat d'Hoffnung, ech kéint a menger Ried elo den Owend da Positives berichten, ech kéint d'Regierung beim Wuert huelen a soen: „Mir freeën eis, datt am Januar endlech kënnen déi éischt Rechnungen ageschéckt ginn.“ Mee ech hunn e bëssen d'Gefill, datt allkéiers, wann een no-freet, dat Zil vun deem Accord zwëschent der Fapsylux an der CNS no hanne réckelt.

Ob am Oktober déi Lénk duerno froen, ob mir am Dezember duerno froen oder all déi Froen, déi scho virdu waren, dat Zil réckelt ëmmer progressiv no hannen. U sech misst ee sech elo soen: Ma da sollte mir Deputéiert ophalen ze froen, vläicht ass et da muer do. Wann et esou wär, sinn ech deen Éischen, dee verzicht, nach eng Fro derzou ze stellen. Ech fäerte just, datt dat net de Grond ass. Ech hunn d'Gefill, datt mer hei misste méi oft no-froen an datt et nach bei Wäitem..., datt den Drock, de politeschen Drock, vun deem de Minister Schneider virdrun och geschwat huet, dréngend nach muss oprechterhale ginn, fir datt et hei zu engem Accord kënn, datt mer déi mental Gesondheet definitiv besser traitéieren.

Här President, ech si viru Kuerzem awer och nach drop ugeschwat ginn, wou mer mat der Reform vun der Aarbechtsmedezinn dru wären a wéini dës dann elo géif an den Aarbechtsministère integréiert sinn, sou wéi de Koalitiounsaccord dat versprach huet.

Ech wëll dofir dës Fro un de Minister weiderginn: Wéini wäert d'Santé au travail an den Aarbechtsministère plënnere a wéi gesinn déi nächst Schrëtt aus, fir d'Zesummenaarbecht tëscht den Aarbechtsdokteren an der ITM ze stäerken?

Des Weidere stellt sech och d'Fro vun der Ëmsetzung vum Plan national de prévention du suicide, dem Plan GIMB (ndlr: Gesond iessen, méi bewegen) an dem Plan cancer et tabac. Wou si mer do drun?

Am Rapport vun der Santé gëtt gesot, datt d'Aarbechten un dëse Pläng an den entsprecheenden Aarbechtsgruppen 2020 deelweis gestoppt goufe respektiv komplett gestoppt goufen. Sinn d'Aarbechten erëm opgeholl ginn? Wou si mer drun? Wéi geet et weider?

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech kommen zum Schluss. Et bleift nach vill Verbesserungspotenzial, wat d'Gesondheet op der Aarbecht ugeet. D'Aarbechten un den nationale Pläng, déi ech grad genannt hunn, mussen erëm opgeholl

ginn! Esou wichteg Theemen dierfen net schleefe gelooss ginn.

Och musse mer d'Medezinnstudente motivéieren, fir Aarbechtsdokter ze ginn, fir datt mer iergendwéi dat Lach vun den Aarbechtsdokteren zoukréien. A mir brauchen endlech en Accord mat der Fapsylux, fir datt d'mental Gesondheet net um Enn vum Dag hannen eroffält a just eppes ass, dat déi Räich sech kënnen leeschten an déi Aarm falen eeben hannen erof.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och.

An d'Wuert huet elo d'Regierung. Den Aarbechtsminister, den Här Dan Kersch.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, laut der europäescher Agence fir Sécherheet a Gesondheet op der Aarbechtsplaz stierft an der Europäescher Unioun - lauschart gutt - all 3,5 Minutten eng Persoun un de Suite vun engem Aarbechtsaccident oder enger Beruffskrankheet.

Dee Chiffer aleng weist d'Wichtigkeet vun der Diskussioun, déi mer haut féieren. An dofir och vu menger Säit aus e grouse Merci un den Här Spautz, dass hien dat haut op d'Dagesuerdnung setze gelooss huet.

Wann een d'Pertin am Zusammenhang mat virzäitege Pensiounen, mam Absenteismus an den Haussé vun den Assuranceprimen zesumme-rechent, da weess een, dass alleguerten déi Problemer, déi domadder zesummenhängen, natierlech och nach eng immens Belaaschtung fir eis Ekonomie duerstellen. D'Gesetz vum 17. Juni 1994 huet eng Rei vu Mindestufuerderungen agefouert a puncto Sécherheet a Gesondheet op der Aarbechtsplaz, mee et huet virun allem eng nei Mentalitéit erabruucht.

#### (M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Nämlech déi vun der Preventioun an net ëmmer nëmme vun der Reaktioun. An dat war, mengen ech, e Quantesprung an der ganzer Politik vun der Sécherheet an der Gesondheet op der Aarbechtsplaz.

An der Praxis bedeit dat, dass ee muss Aarbechtsprozesser analyséieren, fir déi kuerz- a laangfristeg Risiken ze identifizéieren an duerno Moosnamen ze ergräifen, fir d'Risiken ze eliminéieren oder ofzeschwächen.

Fir et einfach auszedrécken: Et betrëfft d'Preventioun, d'Gestioun vun de Risiken, déi mat der Aarbecht verbonne sinn, mat dem Zil keng Aarbechtsaccidenter a keng Beruffskrankheete méi mussen ze verzechnen. Mir wëssen, dass dat e visionäert Zil ass an dofir heescht déi Aktioun jo och net fir näischt „Vision Zéro“.

D'Hauptresponsabilitéit - an och dat ass virdu schonn hei gesot ginn - fir d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz läit bei den Employeuren. Mee all Mënsch weess, dass Employeuren aleng dat net kënnen bewierken. An dofir hunn och d'Salariéen an eise Gesetz eng Rei vu Responsabilitéiten. Och dat ass virdu schonn ugeklongen.

Villes vun deem, wat d'Sécherheet an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz ugeet, gëtt awer bei eis traditionell am Sozialdialog gereegelt. An dat ass och gutt esou a bréngt eng ganz Rei vu Virdeeler mat sech.

Mee dat entlaascht awer net déi zoustänneg Institutiounen. Ech denken elo mol un d'Association d'assurance accident, d'Division de la santé au travail, de Service national de la sécurité dans la fonction publique, d'ITM an nach eng ganz Rei anerer. Dat entbënn déi awer net vun hirer Verantwortung. Och dat muss ee soen.

Si musse kloer an einfach Richtlinnen erausginn, virun allem, dass et och méiglech gëtt, an der konkreter Praxis spezifesch Risiken ze bekämpfen an ze geréieren. An dat an Zesummenaarbecht mat all eenzelen Acteur, deen an deem Beräich aktiv gëtt. Dir kennt déi ganz Méiglechkeete vu Salarié-désignéen oder Délégué à la sécurité et à la santé an esou weider. Eng ganz Rei vun Acteuren, déi also mussen an dee ganze Prozess agebonne ginn.

Déi implizéiert Institutiounen mussen deenen eenzele Sécherheetsacteuren esou vill Rotschléi, Informatiounen a praktesch Outile wéi méiglech zur Verfügung stellen, andeem si notament op Formation setzen, fir dass sech kann an de Betriber, an haaptsächlech an deene klengen a mëttlere Betriber, wou dat nach net grad esou verbreet ass - an dat ass net onbedéngt, well déi dat net wëllen, mee well se et eebe vläicht net esou kënnen wéi méi grouss -, eeben an alle Betriber zu Lëtzebuerg eng Kultur a Saache Preventioun a Geforen a Risiken etabléieren.

D'Sécherheetsacteuren an d'Institutiounen, vun deene mer schwätzen, och déi mussen ëmmer erëm nei Formatiounen kréien an nei Méiglechkeeten an d'Hand kréien, fir hirer grousser Aarbecht nozegoen. Och si sinn natierlech dem Fait ënnerleeën oder och si leiden natierlech ënner dem Fait, dass d'Aarbechtswelt sech kontinuéierlech a ganz séier weiterentwéckelt. Mir mussen och hei dem Rhythmus vun der Globaliséierung nokommen, dem technische Fortschrëtt nokommen. Dat heescht also, dass och déi Leit, déi Formatiounen ubidde fir déi Leit, déi an der konkreter Praxis herno se mussen ëmsetzen, sech stänneg musse weider- a fortbilden. An och an deem Beräich musse weider Efforte gemaach ginn.

Déi nei Risiken, vun deene mer virdrun hei geschwat hunn, verlaange vun eis, dass mer nei Kompetenzen kréien, nei Capacitéiten, nei Ressourcen. An dat beileiwen net nëmme bei der ITM; bei der ITM selbstverständlech och, mee net nëmmen op där Plaz.

Ech mengen et ass onbestritten, dass déi Preventiounskultur, vun där ech geschwat hunn, eng ganz Rei vu ganz grouse Virdeeler huet: manner Accidenter, manner Absenteismus, Reduktioun vun de Produktiounskäschten, Steigerung vun der Produktivitéit, Motivatioun vun de Salariéen, déi an d'Luucht geet, e méi agreabelt Aarbechtsëmfeld, besser Integratioun vun de Salariéen an de Betrib, Verbesserung vun der gesellschaftlecher Reputatioun vum Betrib selwer och an domadder och méi en einfache Rekrutement, eng besser Formatioun vum Personal, besser Organisatioun vun der Aarbecht an Aarbechtsqualitéit.

D'Richtlinn, déi europäesch Richtlinn vun 1989, genau wéi dat Lëtzeburger Gesetz, gesäit eng Rei vu ganz konkrete Mesur vir iwwert d'Informationsan d'Formationsaktivitéiten, fir d'Iddi vun der Preventioun vun de Beruffsrisiken kënnen ëmzesetzen.

Ech hat et virdu scho gesot: Den Employeur ka sech vun engem Salarié designé ënnerstëtze loos-sen, dee forméiert ass a seng Aufgab konkret kennt an och nach de Virdeel huet, dass en och de konkreten Oflaf vun den Aarbechtssoflee am Betrib ganz gutt kann aschätzen.

Zesumme mat der Chambre des Métiers, der Chambre de Commerce, dem Institut de formation sectoriel du bâtiment an der Association des travailleurs désignés Luxembourg hunn déi zoustänneg Autoritéiten - mir haten et virdu scho gesot: d'Assurance accident, d'ITM, d'Division santé - derzou bäigedroen, de Programm vu verschiddene Formationszykle fir d'Salarié-désignéen opzustellen. Dat ass eng extreem wichteg an och eng extreem schwéier Aarbecht gewiescht, mee si hëlleft eis an der konkreter Praxis ganz vill. Duerch dës Formatiounen kann den Employeur senger gesetzlecher Obligatioun nokommen, fir de Beruffsrisiko besser kënnen virzebeugen.

D'Gesetz iwwert d'Gesondheets- a Sécherheets-coordinateuren, dat jo och dem Bauhär operleet, am Fall vun enger Koaktivitéit um Schantje ganz kloer esou e Coordinateur anzesetzen, war e grouse Fortschrëtt hei zu Lëtzebuerg, deen et och queesch duerch Europa nach laang net iwwerall esou gëtt. Si hunn d'Méiglechkeet, konkret um Terrain eng ganz Rei vu Mesuren ze huelen, d'Risiken ze evaluéieren, d'Preventionsmoosnamen och ëmzesetzen, d'Evolution um Niveau vu Sécherheet an der Gesondheet an den Installatiounen um Chantier ze summéieren a virun allem déi aner Intervenanten um Chantier och ze motivéiere matzemaachen.

Allgemeng muss ee soen, dass an der Tëschenzäit eng intensivéiert Kollaboratioun um Terrain geschitt. An dat och vun deene staatlechen Institutiounen, déi virdu schonn alleguer hei opgezielt gi sinn.

#### (Interruption)

Ech wëll och véier konkret Beispiller ginn, dass dat och an der Pandemie net vergiess ginn ass. Eent ass virdu scho genannt ginn: den nationale Forum de la sécurité et de la santé au travail. Déi 14. Editioun dovunner huet stattfonnt, wann och virtuell. Op der Foire agricole waren d'ITM zesumme mat der Division de la santé au travail souguer mat engem gemeinsame Stand vertrueden, fir eebe genau op déi Risiken am Beräich vum Travail agricole opmierksam ze maachen.

Mir hu gemeinsam Seminären organiséiert an der Semaine européenne iwwert d'Troubles musculo-squelettiques, dat waren d'ITM an den ESAT. A virun allem ass 2020 e ganz grouse Guide erauskomm, dee vum STM, der AAA, der ITM an dem ESAT ausgeschafft ginn ass iwwer eeben d'Sécurité-santé au travail. An 2021, dat ass net méi allze laang, misst normalerweis och nach eppes erauskommen, dat sech ganz besonnesch mam Nettoyage an deene Geforen, déi domadder verbonne sinn, ausenanersetzt.

Et dierf een net vergiessen, dass virun allem och alleguerten déi national Gesondheitspläng, a mir hunn der eng ganz Rei - ech wëll se hei eng Kéier opzielen: de Plan national cancer, de Plan d'action drogues, de Programm GIMB, an deem et dann och





ëm d'Alimentation saine an d'Activité-physiqüë geet, de Plan national maladies rares, de Plan national réduction radon, de Plan national prévention suicide, de Plan national vun der Lutte géint den Tabagisme an net zulescht de Plan national antidiscrimination -, natierlech och ganz besonnesch Moossname virgesinn, déi een op der Aarbechtsplaz kann ëmsetzen. Et ass also net esou, wéi wa mer misste bei null ufänken.

A well dat och virdrun hei ugeschwat ginn ass a well dat, mengen ech, och e ganz wichtegt Thema ass, wëll ech och soen, dass virun allem och d'Kreatioun vun enger nationaler Réckeschoul mam Numm „Prévendos“ e ganz wichtege Schrëtt war. Mir wëssen alleguerten, dass Réckwéi - a gleeft mer, ech weess, vu wat ech schwätzen -, déi Zivilisationskrankheet schlechthin ass. An duerfir ass dës Initiativ och esou wichteg, well se virun allem och accessibel ass fir all d'Salariéen. A si ass e grouse Succès!

Ech wëll och soen, dass se haaptsächlech finanzéiert gëtt vum Ministère de la Santé a vum Ministère de la Sécurité sociale. A wann ech soen: „Si gëtt vun engem Ministère finanzéiert“, dann heescht dat an engems natierlech, dass dat och Sue kascht. Jo, dat kascht Suen, an net wéineg, mee et muss een awer och gläichzäiteg soen: Et spuert awer och immens vill Suen! Déi bëllegst Krankheet ass ëmmer nach déi, déi iwwerhaapt net entsteet, oder sou wéi d'Lëtzebuerger soen: De beschten Dokter ass deen, deen een net brauch.

Verschiede Servicer vun der Santé au travail maa-che mat deene Moyenen, déi mer zur Verfügung hunn, Dausenden, ech géif jo soen Zéngdausenden, vu preventiven Examen. Dat si Blutanalysen, toxi-kologesch Analysen, preventiv Röntgen, Depistage vun Tuberkulos, Sehtester, Hörtester, Urinprouwen, Häerz- a Longentester, Kriibspreventionstester, psychosozial Ënnerstëtzung - och dat ass virdu schonn hei ugeschwat ginn -, Analysen awer och vu Posten, vun Aarbechtsposten am Betrib an eppes, op dat ech ganz houfreg sinn als fréiere Minister: och ganz vill Éischt-Hëllef-Course ginn ugebueden. Dat ass dann net onbedéngt Preventioun, mee awer dann éischter schonn d'Reaktioun, wann en Accident geschitt ass. Mee och dat ass eng ganz wichteg Aktivitéit vun eise jeeweilege Servicer.

Et gëtt also villes gemaach an et leie virun allem och nach eng ganz Rei vu ganz gudden Iddien um Dësch. Mee et stinn och Defie virun der Dier. An och déi sinn hei ugeschwat ginn. Dee gréissten ass ouni Zweifel de grouse Manktum - an ech géif sou-guer vun enger reegelerchter Penurie schwätzen - un Aarbechtsdokteren.

Et gëtt dofir eng Rei vu Virschléi zu der Aarbechts-organisatioun an de Services de médecine au tra-vail, wou een d'Kompetenze vun den Aarbechtsdok-tere muss nei reegelen. Fir déi aktuell an och fir déi zukünfteg Mataarbechter, awer och fir déi aktuell an zukünfteg Profiller, déi sollen an der Médecine au travail kënnen aktiv ginn.

Dësen Diskussiounsprozess mat der Organisatioun vun den Aarbechtsdokteren ass ganz wäit fortge-schratt. Et geet elo drëms, och déi traditionell So-zialpartner an den Entscheidungsprozess, wéi mer dat an Zukunft wëllen opbauen, matanzebauen.

D'Zil ass kloer definéiert an och akzeptéiert.

Ech wëll awer nach soen, dass och eng Rei vu Ge-spréicher scho stattfonnt hunn tëschent dem Minis-tère vun der Recherche an och dem Ministère de la Santé, fir ze kucken, ob mer op der Uni Lëtzebuerg e Studiegang fir Aarbechtsdoktere kënnen ufänken, well och dat wierklech extreem wichteg ass. Hei ass e weidert Beispill, wou eist Lëtzebuerger Land och vum Ausland ofhängeg ass. Do kréie mer net all d'Wënsch erfëllt a mir si gutt beroden, eis och op eis eege Féiss ze stellen, fir ze garantéieren, dass mer international Standarden an der Aarbechtsme-dezinn net eng Kéier net méi kënnen erfëllen.

Wéi gesot, et gëtt villes gemaach. Villes ass am Ëmbroch.

Ech wollt vläicht nach ee Wuert dozou soen: Jo, et gëtt selbstverständlech eng ganz Rei vu fortge-schrattene Diskussiounen, dass d'Santé au travail an de Ministère de la Santé (veuillez lire: an de Mi-nistère du Travail) integréiert gëtt. Et gëtt och schonn éischt Avant-projet-de-loien dozou. Mee ech mengen, dass dat keng ofgeschlossenen Diskus-sioun ass.

Éier do eng endgültig Entscheedung fält, muss een natierlech, sou wéi ech et virdu gesot hunn, d'So-

zialpartner matabannen. Ech mengen, ech hu ganz kloer virdu gesot: Mir hunn eng ganz gutt Zesum-menaarbecht mat der Associatioun vun den Aar-bechtsdokteren. Et geet elo drëms, dat, wat mer do festgestallt hunn a wat mer do op Pabeier bruecht hunn, mat den traditionelle Sozialpartner vun der UEL a vun de Syndikater ze diskutéieren. A wa mer gemeinsam zum Schluss kommen, dass et besser ass d'Santé au travail an de Ministère du Travail ze integréieren, da wäerte mer dat kuerzfristeg maa-chen. Dat ass awer net déi Haapterausfuorderung. Déi läit a mengen Aen um Terrain.

An ech wollt nach just pour la bonne histoire soen, dass dat kee Versprieche war vum Koalitiouns-accord, wéi dat virdrun hei duergestallt ginn ass, mee am Koalitiounsaccord steet dran, dass dat soll analyséiert ginn an opgrond vun där Analys da sol-len Decisioune geholl ginn.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Aarbechtsminister Dan Kersch. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir de 14., 15. a 16. Dezember virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 18.37 heures.)*



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Communications

- M. Fernand Etgen, Président

### 3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

### 4. Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen

- Exposé : Mme Martine Hansen

### 5. 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 et modifiant :

- 1° le Code de la sécurité sociale ;
- 2° la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs (« Bewertungsgesetz ») ;
- 3° la loi modifiée du 1<sup>er</sup> décembre 1936 concernant l'impôt commercial (« Gewerbesteuer-gesetz ») ;
- 4° la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes ;
- 5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;
- 6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;
- 7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant

### a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;

### b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;

### c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;

### 8° la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999 ;

### 9° la loi du 7 décembre 2007 autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain ;

### 10° la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse ;

### 11° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;

### 12° la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant modification 1. du Code de la sécurité sociale ; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant ;

### 13° la loi du 1<sup>er</sup> août 2019 concernant les mutuelles

### 7879 - Projet de loi relatif à la programmation financière plu-riannuelle pour la période 2021-2025

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. Dan Biancalana

### 6. 7929 - Projet de loi du \*\*\* portant modification :

#### 1° de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ;

#### 2° de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées ;

#### 3° de la loi modifiée du 29 octobre 2020 portant 1° dérogation à l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ; 2° modification de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ; 3° modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum

- Discussion générale : M. Gilles Baum - Mme Martine Hansen - Mme Francine Closener - Mme Djuna Bernard - M. Fred Keup (intervention de M. Sven Clement) - Mme Myriam Cecchetti - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre ; M. Pierre Gramegna, M. Claude Meisch et M. Franz Fayot, Ministres.**

*(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)*

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Nee, Här President, dat ass net de Fall.

### 2. Communications

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass vum Rôle gestrach ginn a verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

#### Communications du Président - séance publique du 14 décembre 2021

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

**7926** - *Projet de loi autorisant l'État à participer au financement de l'assainissement et de la revalorisation du site du projet « Neischmelz »*

Dépôt : M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 07.12.2021

**7927** - *Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du développement de logements du projet « Neischmelz »*

Dépôt : M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 07.12.2021

**7928** - *Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 juin 2020 portant introduction de certaines mesures temporaires relatives à l'application de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration*

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, le 07.12.2021

**7929** - *Projet de loi du \*\*\* portant modification :*

1° de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ;

2° de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées ;

3° de la loi modifiée du 29 octobre 2020 portant 1° dérogation à l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ; 2° modification de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ; 3° modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016

portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées

Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 09.12.2021

**7930** - *Projet de loi visant à mettre en place un régime d'aides destinées à promouvoir la réalisation de projets importants d'intérêt européen commun*

Dépôt : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 13.12.2021

**7931** - *Projet de loi portant dérogation temporaire à l'article L. 523-1 du Code du travail*

Dépôt : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 14.12.2021

3) Le projet de loi suivant a été retiré du rôle des affaires :

**7783** - *Projet de loi modifiant la loi modifiée du 9 juin 1964 concernant le travail agricole à salaire différé*

Dépôt : M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, le 05.03.2021

Retrait du rôle des affaires : 10.12.2021

4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

**2142** - *Demande de pétition publique : D'viischt Diere vu Linnebusse souwéi déi zwou éischt Sätzreien, déi fir PMR reservéiert sinn, sollen nees deblockéiert ginn!*

Dépôt : Patrick Hurst, le 07.12.2021

**2143** - *Demande de pétition publique : Repousser la date du CovidCheck au travail jusqu'à la disponibilité du nouveau vaccin Novavax*

Dépôt : Bryan De Morais, le 07.12.2021

**2144** - *Demande de pétition publique : Au nom de la santé générale, confinons les non-vaccinés*

Dépôt : João Paulo Ferreira, le 07.12.2021

**2145** - *Demande de pétition publique : Mesures sérieuses pour que le tabagisme appartienne au passé*

Dépôt : Louis-Arnaud Iscla, le 07.12.2021

**2146** - *Demande de pétition publique : Préparation pour l'après-Covid-19, apprendre à vivre avec la maladie. Mise en place d'une stratégie pour l'après-Covid-19*

Dépôt : Filipe da Silva, le 08.12.2021

**2147** - *Demande de pétition publique : Pour une vaccination obligatoire*

Dépôt : Jean-Claude Émile Weidert, le 09.12.2021

**2148** - *Demande de pétition publique : Obligation de réponse sur la base de demandes d'emploi*

Dépôt : Sven Schomer, le 10.12.2021

**2149** - *Demande de pétition publique : Fakultatiivt Walrecht ab 16 Joer*

Dépôt : Luca Colling, le 10.12.2021

**2150** - *Demande de pétition publique : Endométrieose*

Dépôt : Charles Cibango, le 11.12.2021





**2151** - Demande de pétition publique : Lutte pour l'environnement contre l'abandon en masse des masques de protection de toutes sortes

Dépôt : Claude Homerovski, le 12.12.2021

**2152** - Demande de pétition publique : Supprimer les paiements pour le RMG après 1 an

Dépôt : Claire Gutenkauf, le 13.12.2021

**2153** - Demande de pétition publique : Einführung einer Impfpflicht gegen Covid-19

Dépôt : Felix Kerger, le 13.12.2021

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 4. Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen

Da géif ech fir d'éischt d'Wuert un déi honorabel Madamm Martine Hansen gi fir den Depot vun enger Motioun. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

■ **Mme Martine Hansen** (CSV), auteure.- Merci, Här President. Ech wëll hei eng Motioun deposéieren, wou et ëm de Besuch vun de kranke Leit an de Klinicke geet. An ech wëll se gären haut deposéieren, fir datt jiddwereen och Zäit huet, fir dat am Detail duerchzekucken, fir datt mer dat dës Woch awer nach kënne stëmmen.

Dir wësst, datt momentan a véier Spidolsgruppen am Grand-Duché d'Visitten op eng Persoun fir eng Stonn den Dag festgeluecht sinn an datt d'Covid-19-Patienten am Prinzip keng Visite méi kënne kréien, ausser en fin de vie. An um Covid.lu-Site steet och dran, datt d'Besuchsrecht ka komplett opgehuewe gi vun den eenzele Klinicken, wann déi epidemiologesch Situatioun et erfuerdert. A mir si fest dovun iwwerzeegt, datt dat net nach eng Kéier därff passéieren. D'psychesch Wuelbefannen ass extreem wichteg fir déi Leit. Leit, déi krank sinn, wann een déi eleng léisst, dat ass dramatesch.

Mir wëssen awer och, datt mer gläichzäiteg musen d'Sécherheet vun de Patiente garantéieren. An duerfir fuerdere mer d'Regierung op, zesumme mat de Responsabele vun de Spideeler, all méiglech Zenarien ze analyséieren, fir d'Visitte vun de Patienten ënnert den noutwendege Sécherheetsdispositiven esou wäit wéi méiglech ze erlabeen an doduerch eng Isolatioun vun de Patienten ze verhënneren.

Ech ginn lech just ee Beispill vun engem jonke Mann, deem u sech wollt Sportsenseignant ginn, deem e schwéieren Accident hat, dee vun engem Dag op deem anere querschnëttsgeläämt war. Dir kënnt lech virstellen, datt esou Leit ni méi onbedéngt Liewensfreed hunn, wann do de Besuch op eng Stonn den Dag reduzéiert gëtt. Dat ass dramatesch.

Ech verstinn och net richtig: Wann ee fir eng Stonn net positiv ass, firwat gëtt dat net fir méi Stonnen erlaabt? Dat heescht, et soll een alleguer déi Zenarie wannechgelift analyséieren a kucken, wat méiglech ass.

Gläichzäiteg fuerdere mer, fir de Besuch esou séier wéi méiglech ze maachen an och eng gratis Schnelltestpflicht fir all Visiteur, nämlech och fir d'Kanner ënner zwielef Joer, anzeféieren. Mir wëssen, datt d'Kanner ënner zwielef Joer déi sinn, déi u sech am meeschten de Covidvirus am Moment

hunn; datt also och déi Leit, déi Kanner, sech teste loosse, ier se an d'Klinick ginn. An da schlussendlech, fir all néideg Efforten ze ënnerhuelen fir ze verhënneren, datt et nach eemol zu enger Situatioun kënnt, an där keng Visitt méi an de Spideeler méiglech ass a just nach Patienten um Liewensenn kënne Visite kréien. Well ech mengen, datt et fir all Patient wichteg ass, virum Liewensenn och nach Visitten ze kréien.

Ech soen lech Merci.

**Motion**

D'Chamber vun den Deputéierten

hëlt Kenntnis

- vun den aktuell héije Covid-Infektiounszielen an der domat rëm méi ugespaanter Situatioun an de Spideeler an notamment op den Intensivstatiounen;

- vum Text vum Projet de loi N° 7924, dee virgesäit, datt an Zukunft an de Spideeler all Prestataire de services an och all Visiteur vun 12 Joer un entweder geimpft, geheelt oder getest muss sinn an zousätzlech e Schnelltest an der Entrée vum Spidol muss maachen, fir Zougang zum Spidol ze kréien, stellt fest, datt

- momentan an de 4 Spidolsgruppen am Grand-Duché d'Visitten op 1 Persoun während maximal 1 Stonn bei engem Patient limitéiert sinn;

- laut dem Site www.covid19.public.lu Covid-19-Patiente keng Visite kënne kréien, ausser wa se um Liewensenn sinn oder eng Détresse psychologique hunn;

- laut deem selwechte Site d'Spideeler kënnen d'Besuchsrecht komplett ophiewen, wann déi epidemiologesch Situatioun et erfuerdert,

weist drop hin, datt

- et fir d'psychesch Wuelbefanne vun de Patienten, an domat fir eng méiglechst séier Heelung, wichteg ass, datt si a Kontakt mat deene Leit sinn, déi hinnen no stinn;

- och Kanner ënner 12 Joer kënne eng Infektiounsgefor fir d'Patienten an de Spideeler sinn,

ass der Meenung,

- datt just eng Stonn Visitt vun enger Persoun pro Dag net duegeet, fir d'psychesch Wuelbefannen ze garantéieren, notamment vu jonken, eeleren a schwéierkranke Patienten;

- datt Besuchsbeschränkungen op kee Fall dierfen zur Isolatioun vun de Patiente féieren,

ass iwwerzeegt, datt

- duerch e gudde Sécherheetsdispositif d'Visitte vu méi Leit a während enger méi grousser Zäitdauer méiglech sinn, dëst am Sënn vun de concernéierte Patienten,

invitéiert d'Regierung,

- zesumme mat de Responsabele vun de Spideeler all méiglech Zenarien ze analyséieren, fir d'Visitten vun de Patienten ënnert den noutwendegen Sécherheetsdispositiffe sou wäit wéi méiglech ze erlabeen an doduerch eng Isolatioun vun de Patienten ze verhënneren;

- de Besuch sou sécher wéi méiglech ze maachen an eng gratis Schnelltestpflicht fir all Visiteur, och fir d'Kanner ënner 12 Joer, virzegesinn;

- all néideg Efforten ze ënnerhuelen, fir ze verhënneren, datt et nach eemol zu enger Situatioun kënnt, an där keng Visite méi an de Spideeler méiglech sinn oder just nach Patienten um Liewensenn kënne Visite kréien.

(s.) Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Madamm Hansen.

### 5. 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 et modifiant :

1° le Code de la sécurité sociale ;

2° la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs (« Bewertungsgesetz »);

3° la loi modifiée du 1<sup>er</sup> décembre 1936 concernant l'impôt commercial (« Gewerbesteuer-gesetz »);

4° la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes ;

5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;

7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant

a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;

b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;

c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;

8° la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999 ;

9° la loi du 7 décembre 2007 autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain ;

10° la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse ;

11° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;

12° la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant modification 1. du Code de la sécurité sociale ; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant ;

13° la loi du 1<sup>er</sup> août 2019 concernant les mutuelles

### 7879 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025

Mir kommen de Mëtten zum Rapport vun der Finanzkommission iwwert de Projet de loi 7878 vum Staatsbudget fir d'Joer 2022 an iwwert de Projet de loi 7879 iwwert déi finanziell Programmation fir d'Joren 2021 bis 2025. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Dan Biancalana.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

■ **M. Dan Biancalana** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapport iwwer déi zwee Gesetzter, de Budgetsrapport fir den Exercice 2022 respektiv d'Programmation plurianuelle fir d'Period 2021-2025, fousst op sëllege Sëtzunge vun der Finanzkommission. D'Kommission huet sech, nodeems de Finanzminister de Budget den 13. Oktober deposéiert huet, an net manner wéi néng Sëtzungen an de leschte Méint mam Budget befaasst.

De schrëftleche Rapport ass leschte Freiden, den 10. Dezember, majoritär ugeholl ginn. D'Kommission huet ganz vill Avisen analyséiert an och déi vum Staatsrot.

Ech wäert a mengem mëndleche Rapport net kënnen op all d'Avisen agoen an ech verweisen do op mäi schrëftleche Rapport.

Eng ganz Rëtsch Verwaltungen hunn och hir Vuen abruecht an och hir Appreciation duergeluecht iwwert den Zoustand vun eisen ëffentleche Finanzen.

Als Rapporteur war ech och an enger ganzer Rei parlamentaresche Kommissionen dobäi, wou de Budget vun de jeeweilege Ministere presentéiert an diskutéiert gouf. Ech hat och vill bilateral Entrevuë mat institutionellen Acteuren a mat Verrieder aus der Zivilgesellschaft. Hinne virop e grouse Merci fir hir Disponibilitéit, hir Meenungen an hir Virschléi. Eng Rëtsch vun dëse Virschléi hunn ech och a mengem schrëftleche Rapport iwwerholl.

Mäi Rapport beinhalt zwee Dealer, éischstens d'Appreciation vun der finanzieller Situatioun vum Staat mat engem Bléck op den europäeschen an internationale Kontext an zweetens mäi perséinlechen Deel, dee sech dem Sujet vun der existenzieller Sécherheet unhëlt, an dat an Zäiten, wou

d'Onsécherheet duersch d'Covidkris a villen Domäne present ass.

Här President, ech fänke mat der Konjunktur un. D'Welt befënnt sech am Niwwel: Op verschiddene Plazen ass en nach kompakt, op anere léist e sech progressiv op an op nach aneren ass en esou gutt wéi fort. Iwwerall, wou ee säi Bléck riicht, gesäit ee grouss Erausforderungen an Onsécherheet, mee awer och kloer Perspektiven.

D'Erausforderunge sinn net op alle Plazen déi nammlecht. A villen Entwécklungslänner sinn d'Perspektiven onsécher, well se net genuch Vaccin hunn, fir d'Pandemie resolutt unzegoen. An den entwéckelte Länner sinn d'Erausforderungen anerer: Mir gesinn eis an der Haaptsaach Enkpäss an de Liwwerkette géigeniwwer, déi och persistéieren. Béid Phenomeener drécken op déi weltwäit Reprise, an dem Fonds monétaire international no läit dat fir dëst Joer bei plus 5,9 %, deemno 0,1 % manner wéi nach am Juli projezéiert.

Den FMI ënnersträicht a senge Publikatiounen, dass den Accès zu de Vaccinen zur grondleeënder Brochstell tëschent de Perspektive vun de verschiddene Weltregiounen ginn ass: déi eng, déi sech de Vaccin leeschte kënnen, an déi aner, déi net genuch Vaccin erbäikréien. Déi eng, déi erëm un eng gewëssen Normalitéit denke kënnen, déi aner, déi besonnesch fragiliséiert sinn an dëst och nach weider ginn.

Ongeféier 58 % vun de Leit, déi an den entwéckelte Länner liewen, haten Enn Oktober e komplette Schéma vaccinal. An de Pays émergents sinn et 36 % gewiescht, an den äermste Länner grad emol 5 %. Dëst ass en Zoustand, deem eis muss interpelléieren.

D'Wieder vum Gita Gopinath, der Chefekonomistin vum FMI, sinn onmëssverständlech: « La pandémie n'est terminée nulle part tant qu'elle ne l'est pas partout. » Soulaang net all Mënsch vun dëser Welt d'Chance op eng Impfung gehat huet, wäerte weiderhin de Risiko vu Mutatiounen an d'Necessitéit vu sanitäre Restriktiounen bestoen. Ongläichheete sinn eng Gefor fir de sozialen Zesummenhalt an d'Solidaritéit an der Welt.

Ech wäert méi spéit och a menger Ried nach eng Kéier drop agoen, mee an dësem Kontext ass d'Ongläichheet beim Accès zur Impfung besonnesch dramatesch, well hei geet et ëm dat Fundametaalst: ëm Liewen an Doud.

Et verwonnert deemno och net, dass de Previsiounen vum FMI no déi entwéckelt Länner och déi eenzeg Wirtschaftsregiounen wäerte sinn, déi op hir Trajectoire pré-crise d'nächst Joer erëm zrëckfënnt.

Den äermste Länner hir Trajectoire bleift d'nächst Joer ëm 6,7 % ënnert der Trajectoire pré-crise. Insgesamt wäert d'Croissance an der Welt fir d'Joer 2022 dem FMI no bei 4,9 % leien.

Eng gréisser Suerg ass no laanger Zäit erëm d'Inflation. D'Präisentwécklung bei sëllege Matières premières, den Drock op der Säit vun der Offer an dat plëtzelecht, jo, Unzéie vun der Demande vun de Konsumenten, déi iwwer Méint manner Suen hu kënnen ausginn: d'Grënn fir déi rezent Spréng an der Inflation sinn also villfältig.

De leschten Zuele vum Department of Labor no läit d'Inflation an den USA bei 6,2 %. De Jerome Powell, Chef vun der amerikanescher Zentralbank, vun der FED, huet virun zwou Wochen de Membere vun amerikanesche Kongress och daitlech gemaach, dass een an den USA net méi kéint vun enger temporärer Dynamik schwätzen. Am Beräich vun de Servicer ass d'Inflation an deene meeschte Länner nach en Ligne mat der 2 %-Richtschnur vun den Zentralbanken.

Allerdéngs wierke sech dës Präisschaussé vum internationalen Transportwiese grad ewéi vun de Matières premières progressiv op den Ennverbraucher aus. Dëst wäert sech nach bis Mëtt vum Joer 2022 weider auswirken, virusgesat, dass et net zu weideren Haussé bei den internationalen Transportkäschte kënnt. Mëttelfristeg wäert d'Evolution vun der Inflation éischer bestëmmt gi vun der Croissance bei de Salairen a vun den Anticipatiounen, déi vun de wirtschaftlechen Acteure gemaach ginn.

Eng zweet gréisser Suerg sinn d'Liwwerketten. An dat komplext Riederwierk vun den internationale Liwwerkette si Sandkäre komm, déi fir vill Enkpäss a Komplikatiounen suergen. D'Ursaache si souwuel konjunktureller wéi struktureller Natur. Engersäits gëtt et eng grouss Assymetrie tëschent de Weltregiounen, wat d'Covidsituatioun ubelaangt. Nodeems an den USA an an der EU déi sanitär Restriktionen erëm progressiv gelackert konnte ginn, sinn an Asien nei Hotspots opgetaucht an hunn zu temporäre Schléissunge vu Fabricken zu engem Moment gefouert, wou bei eis d'Carne mat de Bestellungen a Form vun Autoen an elektronesche Geräte erëm gutt gefëllt gi sinn. Et ass dobäi komm, dass eng Partie strateegesch Tëscheprodukter wéi d'Semi-conducteure rar gi sinn, an de Schock op der Säit vun der Offer sech esou nach weider verschäerft huet.

## Le savez-vous ?

### PÉTITION ORDINAIRE

La pétition est une demande d'un particulier ou d'un groupe de particuliers à la Chambre des Députés en vue de provoquer une décision à leur avantage ou en faveur de la cause qu'ils défendent. Les pétitions sont adressées au Président de la Chambre qui les renvoie soit à la Commission des Pétitions, soit aux commissions saisies d'un projet ou d'une proposition de loi à laquelle la pétition se rapporte, ou en décide le dépôt sur le bureau de la Chambre. La Commission des Pétitions décide, suivant le cas, soit de les renvoyer à un ministre ou à une autre commission de la Chambre, soit de les déposer sur le bureau de la Chambre, soit de les classer purement et simplement.

### RÈGLEMENT DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Le Règlement de la Chambre des Députés est adopté par celle-ci et publié au Journal officiel. Il détermine l'organisation de la Chambre et son fonctionnement et en définit les procédures.





D'Pandemie huet allerdéngs och zu Schléissunge vun internationalen Häfe gefouert. Mir konnte Biller gesi vu grouse Containerschëffer, déi an enger Schlaang virun den Häfen deeglaang gewaart hunn, fir kënnen hir Container ofgelueden ze kréien. De Logistikgigant Kuehne + Nagel huet déi Zuel an enger Momentopnam vum 4. Oktober op 659 Containerschëffer beziffert. Well manner Schëffer disponibel sinn, ginn déi disponibel Schëffer nach méi héich beluede wéi virun der Pandemie.

Am Rapport „Port Performance Data“ ass erauskomm, dass d'Dauer vun enger Entluedung vu Containerschëffer dëst Joer ëm bis zu 70 % eropgaangen ass. Esou verwonnt et net, dass d'OECD zur Konklusioun koom, dass de Käschtpunkt vum Transport iwwert de Waasserwee, deen, bon, ëmmerhin awer 80 % vum Wuerentransport ofdeckt, sech zanter dem Ausbroch vun der Pandemie verfënnfach huet.

Wéi wann dat alles net genuch wier, huet du China och punktuell de Strom ofgeschalt, fir seng Kuele-reserven net ze vill ze beusprochen a fir seng Klimaziler net ze wäit ze verfeelen. 44 % vun de chineesesche Sous-Traitante fir den europäesche Marché sinn zäitweis betraff gewiescht.

Bei all deene Schwierigkeeten konnt ee scho bal vergiessen, dass d'Tensiounen tëschent de groussen Handelspartner sech net wierklech entspaant hunn, éischter au contraire.

D'USA hunn hir Kontrollen zu den Technologietransfertë vis-à-vis vu China verschäerft, während Russland - ëmmerhin zweetgréissten Exportateur vun Holz - verschidden Holzsorten d'nächst Joer net méi exportéiere wëll. D'Reprise ass also do, mee dat heescht net, dass alles géif a geuerdnete Bunne verlafen.

Här President, d'Pandemie huet natierlech och Auswirkungen op den Aarbechtmarché gehat.

An der gréisster Wirtschaftsmuecht vun der Welt, den USA, ass d'Aktivitéit erëm séier op den Niveau pré-crise zrëckkomm. Mee dëst géllt leider net fir den Aarbechtmarché: Um Enn vum zweeten Trimester 2021 ass den Emploi nach ëm bal 5 % hantert de Projektionen vu virun der Pandemie zrëckbliwwen.

An der Europäescher Unioun ass dat just ëmgekéiert: D'Aarbechtsplaze konnte gréisstendeels erhale ginn, mee déi wirtschaftlech Aktivitéit an déi geleschten Aarbechtsstonnen hunn nach net den Niveau vu virun der Pandemie zrëckfonnt.

Eng breet Notzung vum Chômage partiel a ville Länner vun der Europäescher Unioun huet net nëmme fir deen Eenzelen d'Kafkraaft erhalen, mee si huet och den Equilibre um Aarbechtmarché tëschent Offer an Demande vun der Main d'œuvre erhalen. Anescht wéi an den USA, wou et dee Filet de sécurité esou jo dann net gëtt, ass d'Penurie u qualifizéiertem Personal an der EU vläicht manner ausgeprägt an deemno och déi inflationistesche Tensioun.

Déi weltwäit Indicen, déi op Enquête bei den Directeurs des achats berouen, zeechnen eng gewëssen Ofschwächung an der Dynamik vun der Reprise zanter Mee. Dëst wëll also net heeschen, dass d'Reprise en tant que telle a Fro gestallt wier, mee se wäert e bësse méi lues weidergoen. Virun allem a China a Japan gesäit een, dass d'Reprise méi daitlech kann u Kraaft verlëieren.

Am Laf vum zweeten Trimester 2021 huet de PIB mondial säin Niveau vu virun der Pandemie erëm iwwerschritt. Zur nimmlecher Zäit ass déi weltwäit Produktioun nach ëm 3,5 % hannert dem Niveau vu virun der Kris zrëckbliwwen, woubäi sech dëst an der Haaptsaach duerch e Schock op der Säit vun der Offer erkläert.

Dësen Différentiel an der Produktioun kann ee monetär berechnen: ongeféier 4.500 Milliarden Dollar a Parité de pouvoir d'achat; dat entsprécht engem ganze Joer Croissance vun der Weltproduktioun an normalen Zäiten.

Här President, zu Lëtzebuerg sinn d'Wollegen, déi eis Konjunkturprovisiounen ëmginn, e gutt Stéck manner däischter. De Finanzminister huet et beim Dépôt vum Budget Mëtt Oktober kloer enimmt. Et ass net selbstverständlech, dass mir bis elo esou gutt duerch d'Pandemie komm sinn.

2020 ass de Réckgang vun eisem PIB bei grad eemol 1,8 % gewiescht, par rapport zu engem Abroch vu 6,5 % an der Eurozon. Eis Économie, déi jo bekanntlech vill op Finanzservicer berout, ass also resilient gewiescht. Déi Reprise en V, déi mir eis gewënscht haten, ass eigentlech nach iwwertraff ginn duerch eng Reprise a Form vun enger - ech zitëieren hei de Kollege President vun der Finanzkommissioun, den André Bauler - Quadratwuerzel: e klengen Abroch suivéiert duerch eng zolidd Reprise.

Am drëtten Trimester 2020 hu mir schonn erëm eis Wirtschaftskraaft vu virun der Kris erreecht. Am zweeten Trimester 2021 louch eise PIB ëm 3,5 % driwwer. Zum nimmlechten Zäitpunkt ass an der Eurozon de PIB nach 3 % ënnert dem Niveau pré-

crise bliwwen. Insgesamt geet de Stater a senger ganz rezenter Konjunktturnott fir 2021 vun enger Reprise vu ganzer 7 % aus a fir 2022 vun engem Wuesstum vun net manner wéi 3,5 %.

Den FMI an d'EU-Kommissioun leien an hire Provisiounen fir dëst Joer mat 5,5 % respektiv 5,8 % liicht drënner. Fir d'nächst Joer si béid Institutiounen dofir och weider optimistesche. Den FMI geet fir 2021 vun enger Croissance vun 3,8 % aus.

Verschidde Secteure sinn natierlech méi staark vun der Pandemie betraff gewiescht wéi anerer. Nach ass et esou, dass déi besser sanitär Situatioun iwwert de Summer der Économie insgesamt erëm Loft ginn huet. D'Industrie konnt an den éischten aacht Méint vun dësem Joer hire Chiffre d'affaires ëm 15,8 % ausbaue par rapport zum leschte Joer.

An der Constructioun beleeft sech déi Hausse op 11,4 %. Zweek Drëttel vun den Entrepreneuren an der Constructioun ginn am Moment vun enger Stabiliséierung vun hiren Aktivitéiten aus, trotz den Erausforderungen, déi sech duerch d'Pénurie vu Matières premières a vu Personal stellen.

De Finanzsektor, jo, deen hält sech relativ gutt. D'Unzuel u Banken am Grand-Duché bleift stabil. De Rapport vun de Chargé par rapport zu de Revenuen am Lëtzebuurger Bankesektor ass trotz den néidege Provisiounen am Kader vun der Pandemie just vun 61 op 62 % marginal eropgaangen. D'Bilanzen am Bankesektor sinn am Juli ëm 7 % geklomme par rapport zum Joer virdrun. Dëst weist, dass, en somme, de Lëtzebuurger Bankesektor op zolitte Féiss steet.

D'Fongenindustrie konnt den éischte Schock vun der Pandemie och gutt offideren. Enn dës Joers 2020 war d'Valeur vun den Actifs, déi vu Lëtzebuerg aus geréiert ginn, un de symbolesche Seuil vu 5.000 Milliarden Euro erukomm; Enn Abrëll ass de Seuil vu 5.250 Milliarden Euro iwwerschritt ginn.

Aussergewöhnlech gutt ass och d'Entwécklung um Aarbechtmarché gewiescht. Mir sinn an der EU de loun dat Land, wat um Niveau vum Emploi d'Pandemie am beschte gemeeschtert huet. D'lescht Joer hu mir, alle Widregkeeten zum Trotz, nach bal 2 % Croissance um Niveau vum Emploi gehat. An der Eurozon ass den Emploi d'lescht Joer ëm 1,5 % zrëckgaangen.

Mir wëssen awer och, dass den Horeca- an den Tourismusberäich wéi och déi Kulturschaffend an och den Eventberäich ënnert den Aschränkunge vun der Pandemie gelidden hunn. Hir Situatioun ass haut nach ëmmer net evident.

Am Oktober huet sech de Chômagetax bei 5,4 % agependelt an esou erëm zu engem Niveau vu virun der Kris zrëckfonnt. Déi aussergewöhnlech glécklech Situatioun ass natierlech keen Zufall, mee d'Resultat vun engem generéisen an effikasse Chômage partiel, dee während der Pandemie gräife konnt an deem dem Stater no an enger éischer Well vun der Pandemie eng gutt 15.000 Aarbechtsplaze gerett huet. Dat ass net negligabel.

Grad wéi an anere Regiounen vun der Welt sinn och mir affektiert vun der Inflation. Am Oktober ass den Inflationstaux bei 3,6 % par rapport zum Virjoer gewiescht. Net manner wéi d'Hallschent explizéiere sech duerch d'Energiepräisser. Am November ass d'Inflation par rapport zum Virjoer bei 4,5 %. D'Präisser vun de Produiten, déi aus dem schwaarze Gold gewonne ginn, sinn am Oktober, op ee Joer gekuckt, ëm 49 % geklommen. Mee op ee Mount gekuckt, ass d'Hausse am Oktober bei 10,5 %, beim Gas esouguer bei 18 %.

Dës Evolutioun trëfft net all Bierger hei am Land d'nimmleche haart. Et ass aus dësem Grond eng wichteg politesch Decisioun gewiescht, d'Allocation de vie chère fir d'nächst Joer ëm mindestens 200 Euro ze erhéien, nodeems dëst Joer schonn eng strukturell Hausse vun 10 % war, net ze vergiessen d'Augmentatioun vum Crédit d'impôt fir dëst Joer, déi bei deenen ënneschte 40 % vun de Menagen d'CO<sub>2</sub>-Steier en moyenne integral konnt ausgläichen.

Här President, ech kommen elo zu den éffentleche Finanzen.

Wann de makroekonomesche Kontext méi erfreelech gëtt, dann huet dat natierlech e positiven Nidderschlag op d'ëffentlech Finanzen. Dëst stécht net nëmme a béide Budgetsdokumenter eraus, wann een se mam Pacte de stabilité 2021, vun dësem Fréijoer also, oder mat der Programmation pluriannuelle 2020-2024 vun Oktober 2020 vergläicht. Déi besser Konjunktur huet e ganz evidenten Nidderschlag an de Provisiounen zur Exekutioun vum Budget fir d'Joer 2021.

Den 31. Oktober hu mir effektiv en Iwwerschoss vu 96 Milliarden Euro am Zentralstaat gehat. Och wann een net duerf ze séier vun dësem État des lieux op dat ganz Budgetsjoer extrapoléieren, sou freet et mech awer als Budgetsrapporter - an ech mengen, et geet dem Finanzminister net anescht -, dass d'Recetten ëm bal 17 % méi héich leie wéi zur nimmlecher Zäit d'lescht Joer. An absoluten Zuele mécht dat op der Recettësäit eng Augmentatioun vun 2.585 Milliarden Euro.

Dës erfreelech Dynamik erkläert sech zu engem substanzuellen Deel aus den Impôts sur la production, an innerhalb vun dëser Kategorie aus der Perception vun der TVA. 95 % vun den TVA-Recetten, déi am Budget voté ageschriwwen sinn, hu mir Enn Oktober schonn erakritt. Bei der Taxe d'abonnement hu mir souguer schonn 115 % vun den ageschriwwene Recettë vum Budget voté erakritt. D'Dépense si plütôt stabil bliwwen, wat sech an éischer Linn doduerch erkläert, dass manner Prestations sociales autre qu'en nature ausbezuelet gi sinn, minus 232 Milliounen (veuillez lire: minus 332 Milliounen) par rapport zu Enn Oktober 2020.

Dat generéist soziaalt Netz, dat mir zu Lëtzebuerg hunn, huet also dëst Joer scho misse bei manner Leit gräifen, an dat kann eis e bëssen Hoffnung gi fir d'Zukunft.

Méi generell muss ee feststellen, dass d'Recettë vun der Taxe d'abonnement ëmmer méi e substanzuellen Deel vun eise Recetten ausmaachen. Dat kann een engersäits natierlech freeën, anersäits ginn eis Recetten doduerch awer och insgesamt méi volatil, an dat muss een och deemno am A behalen.

Et huet ee bei der Taxe d'abonnement op där enger Säit en „effet prix“ am Zesummenhang mat der Cotatioun op de Boursen, an op där anerer Säit en „effet volume“ am Zesummenhang mat de Souscriptiounen vu Parten. D'Provisiounen fir 2022 gi vun enger Croissance vu 7,5 % aus par rapport zu de Provisiounen vun 2021, déi hirsäits 17,3 % iwwert dem Budget voté vun 2021 leien.

Tëscht 2013 an 2022 wäerten esou d'Recetten duerch d'Taxe d'abonnement sech ...

#### (Interruption)

... carrement verduebelt hunn. De Solde nominal vum Gesamtstaat wäert laut dem Projet de loi relatif à la programmation ...

#### (Interruption)

... financière pluriannuelle fir d'Joer 2024 erëm en Iwwerschoss affichéieren. Fir d'nächst Joer a fir d'Joer 2023 gesäit de Pluriannuel e ganz zaarten Defizit an Héicht vun nëmme 0,2 % vum PIB vir. 2024 wäert sech den Iwwerschoss op plus 0,1 % bezifferen, 2025, zum Schluss also vun der Projektionsperiod, wäert den Iwwerschoss scho bei plus 0,3 % sinn.

Par rapport zum Pluriannuel 2020-2024 vum leschte Joer sinn d'Gesamtrecettë vum Gesamtstaat fir 2021 ëm 7,7 % no uewe revidéiert ginn; fir d'nächst Joer ëm 6,8 %. Dobäi muss een awer gläichzäitig feststellen, dass de Pluriannuel 2021-2025 vun dësem Joer, esou wéi mer dat hei zu Lëtzebuerg traditionell och ëmmer handhaben, de Prinzip vun der Prudence budgétaire respektéiert. Den duerchschnëttlechen Taux de croissance annuel vun de Recetten iwwert d'Period 2023-2025 chiffréiert sech op 4,8 %. Tëscht 2015 an 2019 war den entspreechenden Taux de croissance annuel bei 5,5 %.

De Respekt vun der budgetärer Virsicht weist sech am nimmlechten Ausmooss beim Zentralstaat. Als konkret Beispill kéint een zum Beispill déi pluriannuell Projektion vun de Recettë bei der Betriebssteuer nennen. Fir d'Joer 2023 hu mir am Pluriannuel 2019-2023, deen also virun der Pandemie ausgeschafft ginn ass, eng Recette bei der Betriebssteuer vun 2.425 Milliarden Euro virausgesot.

Zweek Joer duerno, am Pluriannuel 2021-2025, ass déi entspreichend Projektion op 1.980 Milliarden Euro considerabel no ënne revidéiert ginn. Dëst ass an deem Sënn interessant, well de PIB en valeur fir d'Joer 2023 a béiden Dokumenter quasiment d'nimmleche ass.

De bessere Sold vum Gesamtstaat ass natierlech enk verbonne mam Assainissement um Niveau vum Zentralstaat. Den Defizit vum Zentralstaat geet vun 1.247 Milliarden Euro d'nächst Joer graduell erof a wäert um Enn vun der Projektionsperiod 2025 nach bei 723 Milliarden Euro (veuillez lire: 732 Milliarden Euro) leien.

Här President, och bei de Gemenge wäert sech déi finanziell Situatioun daitlech entspanen. En moyenne wäert sech iwwert d'Period 2022-2025 de järelechen Iwwerschoss bei der Administration locale op 249 Milliarden Euro belafen. An deene leschte véier Joer virun der Pandemie louch den Iwwerschoss bei ronn 190 Milliarden Euro. Dëst ass eng gutt Entwécklung, well d'Gemenge brauchen och genuch budgetär Mëttelen, fir kënnen hire villfältegen a komplexen Aufgabe gerecht ze ginn.

Manner favorabel gesäit d'Situatioun beim Sektore vun der Sécurité sociale aus. Par rapport zu eisem direkten Ausland ass déi finanziell Situatioun vun der Sécurité sociale weiderhin awer excellent. Par rapport zu eisen historesche Moyenen zu Lëtzebuerg ass dëst awer net méi zoutreffend. 2022 ass den Iwwerschoss vun der Sécurité sociale bei 1,2 % vum PIB; dësen Iwwerschoss wäert 2025 nach bei 0,9 % leien.

En moyenne wäert de järelechen Iwwerschoss sech deemno tëscht 2022 an 2025 bei 795 Milliarden

Euro apendelen. An deene leschte véier Joer virun der Covid-19-Pandemie war de järelechen Iwwerschoss nach bei 1.063 Milliarden Euro. An absoluten Zuelen ass d'Evolutioun manner dramatesch wéi wann ee relativ Zuelen am Verhältnis zum PIB als Referenz hält.

Et ass och nëmme eng logesch Konsequenz, dass sech den Impakt vun der Covid-19-Pandemie bei der Sécurité sociale an engem besonnesche Mooss widderspigel. De Pluriannuel 2019-2023 hat virun zwee Joer nach fir all Budgetexercice en Iwwerschoss vun iwwer enger Milliard virgesinn. Par rapport zum Pacte de stabilité 2021 vum Abrëll dëst Joer sinn d'Projektionen awer erëm e gutt Stéck besser: En moyenne sinn am Pluriannuel 2021-2025 eng gutt 100 Milliarden Euro méi am järeleche Sold projezéiert wéi dat nach beim Pacte de stabilité et de croissance 2021 de Fall war.

Dee Sold erkläert sech zu engem substanzuellen Deel duerch den Excedent um Niveau vum Régime général des pensions. An déi Tendenz, déi ech grad beschriwwen hunn, léisst sech in fine och zrëckféieren op d'Tatsaach, dass d'Dynamik bei de Cotatiounen, also beim Emploi, net méi déi nimmleche ass wéi mer se hei zu Lëtzebuerg historesch gewinnt waren. An do dernieft ass et natierlech eng Evidenz, dass déi demografesch Entwécklung bei den Dépense vun der Pensiounskeess eng eminent wichteg Roll spillt.

Op d'Period 2019-2021 gekuckt ass d'Zuel vun de Beneficiairen en moyenne ëm 3,6 % geklommen; tëscht 2017 an 2019 ware mir do bei enger entspreichender Moyenne vun 3,2 %. Et stellt een also deemno fest, dass hei eng Entwécklung stattfënn, déi muss genau suivéiert ginn, mee se muss awer och kënnen nuancéiert ginn, well et ass net alles schwaarz oder wäiss.

De rezentsten Aging Report vun 2021 weist eis nach eng Kéier, dass eis Sozialsystemer mussen méi viabel opgestallt ginn. Mee den Aging Report huet awer och seng methodologesch Limiten, sou wéi de Conseil national des finances publiques et och confirméiert huet.

Mir behalen awer weiderhin zu Lëtzebuerg am Verglach zu den aneren europäesche Länner en All-einstellungsmerkmal: Och ouni Wuesstum kënnen Pensiounen während ronn fënnf Joer ouni Problem ausbezuelet ginn.

2020 ass fir d'Sécurité sociale natierlech e ganz exceptionell Joer gewiescht. D'Dépense sinn d'lescht Joer ëm 10,7 % geklommen. Op der Säit vun de Recetten ass eng exceptionell budgetär Dotatioun vun 386 Milliarden Euro gemaach ginn. Déi Mesures d'urgence, déi d'Regierung geholl huet an d'CNS ëmgesat huet, sinn awer néideg gewiescht. An ech mengen och net, dass iergendeen heibannen am Plenum déi sozial Mesur wéi de Congé pour raisons familiales géif a Fro stellen.

Eppes anescht: Ech kommen zu den Investissementer.

Iwwert d'Period 2020-2025 wuessen eis Ausgaben um Niveau vun den Investissementer am Zentralstaat ëm 7,9 % d'Joer. Deemno läit eisen Effort d'investissement iwwert d'Period 2020-2025 en moyenne bei 4,5 % vum PIB. Mat dësen Zuelen, déi sécherlech op den éischte Bléck abstrakt wirken, stelle mir d'Wäiche fir dat Lëtzebuerg, dat mir laangfristeg wëllen opbauen: E Lëtzebuerg, dat dynamesch ass, dat eng héich Liewensqualitéit huet an och qualitativ héichwäerteg Infrastrukturen, op déi all eis Bierger ziele kënnen.

Op d'Period 2022-2025 belafe sech déi direkt an indirekt Investissementer am Zentralstaat op 13,9 Milliarden Euro.

Wann déi ambitiéis Investissementspolitik vun dëser Regierung sech mëttlerweil an eng gewësse Kontinuitéit aschreift, sou ass awer derwäert ze gesinn, dass eis Ambitiounen nach eng Kéier acceleréiert ginn. Déi direkt Investissementer vum gesamte Staat louchen tëscht 2000 an 2018 bei 4,13 % vum PIB. Si belafe sech 2021 bei 4,3 % vum PIB a si wäerten 2025 bei 4,7 % vum PIB leien. Fir 2022 sinn Investor an Héicht vun 3,2 Milliarde virgesinn, dat si 4,5 % vun eisem PIB.

Dëse groussen Effort vun Investissementer kann zu méi wéi zwee Drëttel iwwert déi lafend Recettë finanzéiert ginn. Och dat ass e Fakt, deen net selbstverständlech ass, wann ee sech eng Kéier mat der Situatioun vun eisen Nopeschlänner befaasst.

Här President, de Projet de budget 2022 ass e Budget, dee resolutt no vir kuckt. Mir investéiere konsequent an de Mënsch, mir setzen den Akzent op eng solidaresche Gesellschaft a mir préparéieren d'Zukunft.

D'Participatioun um Finanzement vun eiser Pensiounskeess geet ëm 164 Milliarden Euro erop. D'Alimentatioun vum Fonds de la coopération au développement geet ëm méi wéi 58 Milliarden Euro erop. De Fonds national de solidarité gëtt mat 367 Milliarden Euro alimentéiert, wouvun 196 Milliarden Euro fir de Finanzement vum REVIS reservéiert





sinn. Fir d'Allocation de vie chère si ronn 54 Milliounen virgesinn. An dësem Kontext wëllt ech drun erënneren, dass mir mam Budget 2022 eng strukturell Hausse vu mindestens 200 Euro virgesinn.

Fir d'Participation vum Staat un de Fraise vun de Services conventionnés en faveur vu Persounen mat engem Handicap sinn 2022 96,9 Milliounen Euro virgesinn.

Fir d'Schafe vun engem „Centre de la communication accessible à tous“, mat deem mir kënnen d'Kommunikatiounen vun ëffentlecher Säit dem Bierger méi verständlech vermëttelen an esou fir méi Inklusivitéit suergen, sinn am Budget 2022 eng 425.000 Euro virgesinn.

D'Zukunftskeess fir d'Kanner huet hirersäits eng Alimentation vu ronn 1,3 Milliarden Euro. Hei wier drun ze erënneren, dass mir d'Kannergeld réckwierkend op den 1. Oktober 2021 reindexéiert hunn.

Fir den Ausbau vun den „autoroutes des données“, engem wichtege Element bei der Ëmsetzung vun der 5G-Strategie, gi mir 2022 eng 9 Milliounen Euro aus. Déi finanziell Moyene vun der Commission nationale pour la protection des données wäerten ëm 10 % klammen op insgesamt ronn 8 Milliounen Euro. Si spillt eng essenziell Roll, fir d'Vertraue vun de Bierger an eis Institutionen ze stärken.

Fir d'Entreprises, déi elektresch Bornen installéieren, sinn Hëllef an Héicht vun 9 Milliounen Euro virgesinn. Fir 2022 eleng sinn an der Mobilitéit och nach weider staatlech Investissementer fir den Tram virgesinn, notament den Ausbau Richtung Cloche d'Or a Findel an Héicht vun 48 Milliounen Euro.

Am Ëmweltberäich hu mer de Plan énergie et climat, de PNEC, mat 1,8 Milliarden Euro, d'Installation vu Wandmillen uechtert d'Land mat 17,8 Milliounen Euro.

Ech kéint dës Lëscht nach laang viruféieren, mee déi Zäit hu mer net. Wat sech awer aus allem erauschielt, ass, dass de Budget 2022 ambitiéis ass. Et ass e Budget, deem d'Reprise erméiglecht, deem doriwwee eraus wichtege Jalone fir d'Zukunft setzt an dobäi sozial Leitplanke setzt, fir dass keen duerch d'Netz fale soll, mee fir dass mir alleguerten zesummen d'Bestanddeeler vun enger inklusiver an egalitärer Gesellschaft kënnen sinn.

Här President, als Budgetsrapporteur huet ee jo och déi Méiglechkeet, déi Fakultéit, e perséinlechen Deel ervirzebréngen. Ech hunn dee jo der existenzieller Sécherheet probéiert zouzeschreiwen. Ech wäert an deem Sënn elo a mengem mëndleche Rapport op eng Rei Aspekter agoen, wëssend, dass ech se net all in extenso erwänen a belliche kann, an de schréffleche Rapport gëtt do sécher nach weidere Opschluss.

D'Pandemie duerch Covid-19 huet Repercussione gehat op allen erdenklechen Niveaue. Si huet deem Eenzelen nohaltege affektéiert am perséinlechen Alldag, mee och an de Liewensprojeten. D'Mënsche huet nach ni virdrun an hirer Geschicht d'Erfahrung vun engem Confinement gemaach, deem esou laang gedauert huet an dee geografesch esou breet stattfonnt huet.

Am November 2020 huet de Statec säi Rapport „Pi-Bien-être“ publizéiert, wou en d'Geleeënheet ergraff huet, eng éischt Bestandsopnam an eiser Gesellschaft ze maachen.

Engersäits kënn den Rapport zur Konkusioun, dass 16 % vun de Residenten eng Baisse vun hirem Akommes duerch de Confinement erlidden hunn.

Anerersäits huet den Rapport och déi psychologesch Repercussione belicht a konnt feststellen, dass Jonker a Leit a Prekaritéit an engem besonnesche Mooss vun engem Gefill vu starker Einsamkeet betraff gewiescht sinn. Déi, déi scho méi vulnerabel sinn, goufen also vun der Pandemie och besonnesch staark getraff.

Et ass evident, dass an onsécheren Zäiten de Besoin no Sécherheet bei de Leit méi staark ass. De Mënsch brauch Sécherheet a Fräiheet, fir an der Gesellschaft ze fonctionéieren. En huet e Recht drop! Sécherheet am breede Sënn vum Wuert ze garantéieren, ass eng vun de Käraufgabe vun engem demokratesche Staat.

All Mënsch huet säi perséinlecht Wonschverhältnis zwëschen Fräiheet a Sécherheet. Et ass um Staat, déi vun der Gesellschaft gefuerdert Balance, den Equiliber tëschent deenen zwee ze halen, tëschent individuellem Wonsch a kollektivem Interessi.

An onsécheren Zäiten ass et och net verwonnerlech, dass d'Perceptioun vum Bierger an déi objektiv Situatioun net ëmmer deckungsgläich sinn. Wéi ech scho virdru gesot hunn, huet Lëtzebuerg am Joer 2020, markéiert vum der Pandemie, trotzdeem eng Croissance vum Emploi gehat vu bal 2 % an huet sech domadder mat wäitem Ofstand un d'Spëtz vun der Eurozon gestallt. Deen Eenzelen, deem duerch d'Pandemie riskéiert huet, seng Existenz ze verléieren, hält dat noutgedrungen anescht wouer.

D'Onsécherheet betrëfft net jiddereen d'nämmlechst staark an net op déi selwecht Manéier. Verschidde

soziologesch Kategorië sinn a besonneschem Mooss vulnerabel, wéinst hirem Gender, hirem sexueller Orientatioun, hirem Alter, hirem professionnelle Parcours oder duerch d'Liewensphas, déi se grad duerchmaachen, duerch d'Liewenssituatioun, an där se sech grad befannen.

Virun allem awer ass all Mënsch eenzegaarteg an huet d'Recht, dass an enger solidarescher Gesellschaft op seng individuell Besoinen agaange gëtt. D'Sécherheet geet deemno wäit iwwert déi national Sécherheet eraus. D'Sécherheet betrëfft all Aspekter, all Dimensiounen vum mënschleche Liewen an huet aus deem Grond en existenzielle Charakter!

Verschidden Zorte vun Äntwerte sinn néideg, fir op verschidde Liewenssituatiounen vum Mënsch ze reagéieren. E staarke Sozialstaat, deem aspréngt, wann eng Kiéier am Liewen eppes schifgelaf ass, hëlleft net nëmmen an deem Moment där concernéierter Persoun. D'Gewëssheet, dass de Staat fir eis do ass, hëlleft a stäerkt eis alleguerten. Et geet hei ëm déi „visibel Hand“!

De Psycholog Abraham Maslow huet am Joer 1943 no empirischen Observatiounen, déi e gemaach huet, eng éischte Kiéier d'Besoinen vum Mënsch a Form vun enger Pyramid hierarchiséiert. De Besoin no Sécherheet ass direkt no physiologesche Besoinen déi wichtege Kategorie vu mënschleche Besoinen.

E Staat, dee schützt, muss kënnen dem Individuum de Kader setze fir seng Selbstverwirklechung. Nëmme ee Mënsch, dee fräi ass, ka sech och sécher fillen. Esou wéi de Pierre Bérégovoy, den Directeur de campagne vum François Mitterrand, 1981 gesot huet: « La première sécurité, c'est la liberté. »

■ **Une voix.** - Bravo!

■ **M. Dan Biancalana (LSAP), rapporteur.** - De Rôle vun engem demokratesche Staat muss sech an enger Kontinuitéit aschreiwen. D'Aktioun vum Staat duerf net vun Emotiounen oder Eenzelfäll geleet sinn. D'Handele vum Staat muss dem Zweck dëngen, dass all Eenzelne vun eis an Autonomie an Dignitéit liewe kann an esou net nëmmen d'Méiglechkeet kritt, sech ze entfalten, mee och e mënschewierdegte Liewe séchere respektiv ofséchere kann.

Esoual Krise samt hire Folgen opkommen, ginn d'Blécker direkt a Richtung vum Staat, vum Sozialstaat, mat der Erwaardung, dass deem à même ass, dass dee capabel ass, sech Moyenen ze ginn, fir déi ze léisen.

D'Sécherheet deklinéiert sech also op verschiddenen Eebenen a betrëfft all d'Generatiounen.

Eng dovunner ass sécherlech d'Sécherheet am ëffentleche Raum. Net all Mënsch ass mat där nämmlecher Probabilitéit engem Iwwergrëff op seng physisch Integritéit ausgesetzt. An net all Mënsch hält eng Situatioun op déi nämmlechte Aart a Weis wouer.

En objektiven Ausgangspunkt bei der Sécherheet am ëffentleche Raum sinn d'Statistiken vun der Police. Op 100.000 Awunner gekuckt, ass d'Unzuel un Affäre vu 5.188 am Joer 2016 op 4.620 am Joer 2020 erogaangen. Dëst entsprécht enger Baisse vun 11 %. Parallell dozou ass d'Zuel vun den Infraktiounen op 100.000 Awunner tëschent 2014 an 2018 ëm 21 % erogaangen, 2019 awer erëm liicht geklommen.

Infraktiounen géigeniwwer vu Mënsche maachen 21 % vun den Infraktiounen insgesamt aus. Am Joer 2020 waren et insgesamt 8.375 Infraktiounen géigeniwwer vu Mënschen. Dëst läit um Niveau vun 2015, wou mir 8.355 Infraktiounen gezielt haten. Et läit also um selwechten Niveau.

D'Heefechkeet vu Coups et blessures volontaires huet sech 2020 par rapport zu 2019 stabil gehalen a läit mat 2.829 Fäiten ënnert dem Niveau vun 2013 an 2014, wou de Seuil vun 3.000 Fäiten iwwerschratt gi war.

D'lescht Joer sinn awer vill méi Beleidegungen vis-à-vis vun der Police gezielt ginn - nämlech 262 -, wéi mir et soss zu Lëtzebuerg kann hunn. Et gëtt also zu Lëtzebuerg, wann ee sech mat de Statistiken beschäftegt, net schwartz a wäiss, et gëtt keng uniform Tendenz, et ass éischter e Bild en demi-teinte.

(*Interruption*)

Géint Kriminalitéit virzegoe setzt viraus, dass een d'Mechanismen, déi d'Kriminalitéit begënschtegen, besser kennt. Aus deem Grond misst zu Lëtzebuerg, esou wéi et an Däitschland zanter 2001 gemaach gëtt, e periodesche „Sicherheitsbericht“ erstellen ginn, deem eng multidisziplinär Vue anhëlt. Nieft enger Beschreiwung vum Ist-Zustand mécht esou e Rapport och méi eng déifgräifend Analys an degagéiert iwwergeuerdent Tendenzen an der Kriminalitéit. Dës Approche kann eis och hëllefen, verschidde Problemer méi fréizäiteg ze erkennen, ze identifzéieren. Och eng wëssenschaftlech Mataarbecht vu Psychologen, Soziologen, Kriminologen an deem Kontext kann eng Plus-value sinn.

Mir brauchen awer och hei zu Lëtzebuerg méi Präsenz vun der Police um Terrain ze Fouss, an dat am

stätesche Raum. Aus deem Grond begrëssen ech ausdrécklech deem ambitiése Rekrutementsprogramm bei der Police, deem am Oktober 2020 engagéiert ginn ass an deem dat subjektivt Sécherheetsgefill nëmme verbessere kann.

Op där anerer Säit, fir dann de System tant soit peu am Equiliber ze hu respektiv ze behalen, ass et dann och um Niveau vun der Strofjustiz wichtege, Magistraten ze rekrutéieren oder Mataarbechter, déi hinne gezielt zouschaffen. Propositionen leie jo konkret um Dësch. Wat méi Polizisten um Terrain am Asaz sinn, wat d'Warscheinlechkeet méi grouss ass, dass d'Unzuel vun Affäre klëmmt. Hei ass also net nëmme wichtege, dass souwuel fir Affäre wéi fir Täter séchergestallt ass, dass eng adequat Prise en charge ka gewäerleescht ginn hinne géigeniwwer, mee dass och séchergestallt ass, dass Prozesser an engem Delai raisonnable ofgehalen ginn.

Doriwwer eraus muss och iwwer nei Gesetzgeber kloergestallt a séchergestallt ginn, a wéi engem Kader an zu wéi enge Konditiounen den Zougrëff op perséinlech Donnéeën vu Bierger säitens der Police an der Justiz erlaabt ka ginn. Och hei si kloer Reegelen néideg!

Här President, de beschte Wee géint kriminell Verhalen ass a bleift an éischter Linn eng effikass Preventiounspolitik. D'Police, an Zesummenaarbecht mat dem Educatiounsministère, de Schoulen, de Jugendhaiser, de sozialen Servicer, bitt eng ganz Rei vu Preventiounsaktivitéiten un, déi sech u Jonker riiichten. Schonn am jonken Alter ass et wichtege, vermëttelt ze kréien, dass Gewalt géint seng Matmënschen ni eng Optioun duerf sinn.

Nieft der Police gëtt et awer och nach aner wichtege Acteuren an der Preventioun vu kriminellem Verhalen bei Jonken: Bee Secure am Beräich vun der Cyberkriminalitéit, den Office national de l'enfance, de Service de protection de la jeunesse. Eng richteg Analys vun de Besoinen u Programmer am Beräich vun der Preventioun géint kriminell Verhalen misst allerdéngs nach duerchgefouert ginn.

D'Drogeproblematik ass en aner Defi, deem op verschiddenen Niveaue muss begéint ginn. D'Relatioun tëschent Drogekonsum a Kriminalitéit ass weeder einfach nach lineaire. Den Observateur européen des drogues et des toxicomanies huet a sengem rezentsten „European Drug Report“ de Point gemaach vu Megatendenzen an Erausforderungen. Virun allem d'Intensitéit vun den illegale Produktiounen vun Drogen duerch grouss kriminell Netzwierker ass an der Europäescher Unioun eng Erausforderung. Net manner wéi 370 illegal Laboratoire konnten an zwielef Méint um Territoire vun der Europäescher Unioun aufgedeckt gemaach ginn.

Déi kriminell Netzwierker si professionaliséiert a si probéieren, hir Produktioun méi no un déi jeeweileg Märcheen ze féieren. Déi europäesch Strategie géint Droge brauch also eng integréiert Approche, achséiert op d'Verbessere vum Wuelbefannen a vun der Gesondheet. Gläichzäiteg muss se och d'Globaliséierung, d'Informatiouns- an d'Kommunikationstechnologie gradewéi de Klimawandel als Facteur matarechnen.

Zu Lëtzebuerg kann ee feststellen, dass Consommationsprofiler mat héijem Risiko ofgehol hunn. Hir Prävalenz ass vu 5,8 pro 1.000 Awunner am Joer 2015 op 5 erogaangen am Joer 2019. Bei der Consommation vun Opioiden mat héijem Risiko ass et eng Baisse an der Prävalenz vu 4,5 pro 1.000 Awunner 2015 op 3,5 pro 1.000 Awunner 2019. Direkt gestuerwen duerch Drogekonsum sinn am Joer 2000 nach 26 Persounen, am Joer 2019 8 Persounen.

Dës Evolutioun, och am Interêt vun der Sécherheet, konnt nëmme méiglech sinn, well mir Tabue gebroch hunn an d'Drogeproblematik an hirer Komplexitéit ugaange si mat engem staarken Akzent op d'Léise vu soziale Problemer, déi hannendru stichen.

Och eis Gesondheetspolitik huet hei eng fundamental Roll gespillt, fir dës Verbesserung vun der Situation méiglech ze maachen an och ofzesécheren. D'Suchtverhalten, ob legal oder illegal, seet vill aus iwwert d'Wuelbefannen an déi psychesch Resilienz vun de Leit an eiser Gesellschaft.

Der Drogeproblematik ass effektiv um Niveau vun der Santé resolut begéint ginn. De Budget vum Gesondheitsministère en faveur vu Servicer a Programmer am Sënn vun der Reduktioun vun der Dеманде no Drogen, ass vun 2 Milliounen Euro am Joer 2000 op 16,3 Milliounen am Joer 2019 geklommen.

De Pak, dee kierzlech definéiert a festgehalen gouf, u sozialen a sanitäre Mesuren, déi d'Madamme Gesondheitsministesch an den Här Minister vun der Sécurité sociale am Oktober virgestallt hunn, mat notament der Couverture universelle des soins de santé, ass e wichtege Schratt no vir.

Eis national Strategie géint d'Addiktioun deckt véier transversal Theemfelder of: éischstens d'Reduktioun vun de Risiken a Schied; zweetens Informatioun, Recherche an Evaluatioun; drëtzens déi inter-

national Relatiounen; a véiertens d'Koordinatiounsmechanismen.

Mir mussen weiderhin doru schaffen, fir d'Stigmatisatioun vun dëse vulnerabele Mënschen ze ënnerbannen, well si ass e groussen Deel vum Problem. Mir duerfe keen an de Schmutteck setzen, mee mir müssen au contraire versichen, dat Vertrauen ze schafen, fir dass déi Leit déi Hëllef kréien, déi et gëtt, a se och kënnen an Usproch huelen.

Mir ass et wichtege, dass d'Zesummenaarbecht tëschent de verschiddene konventionéierte sozialen Träger verbessert ka ginn, fir dass eng besser Transitioun am psychosoziale Suivi vun drogenofhängege Persounen méiglech gëtt. D'Sécherheet, dass d'Prise en charge gewäert ass a gewäert gëtt, ass en Aspekt, deem zu der Inklusioun ka bäidroen.

Här President, an enger solidarescher Gesellschaft muss jidderengem Respekt entgéintbruecht ginn, egal wéi eng Hautfaarf, wéi e Geschlecht oder wéi eng sexuell Orientéierung eng Persoun huet. All Diskriminatioun an deem Kader ass e Broch mat eise Mënscherechter an eng Attack op eis wäertorientéiert fräi Gesellschaft.

De Rapport „Being Black in the EU“ vum November 2018 gëtt eis en Abléck an d'Situatioun zu Lëtzebuerg. Bon, déi ass net ganz gutt: Net manner wéi 52 % vun de befragte Persounen ginn un, dass si an de leschte fënnf Joer Affäre vu rassistescher motivéierter Dote gi sinn. Mir leien zu Lëtzebuerg hei d'äitlech iwwert der Moyenne vun den zwielef EU-Memberstaaten, déi vum Rapport erfaasst gi sinn. Dëst ass inakzeptabel a muss eis als Gesellschaft interpelléieren.

Ech begrëssen ausdrécklech, dass de LISER vun der Chamber an dem Familljeministère den Optrag krut, eng Enquête duerchzuféieren, fir dësem Problem méi op de Fong ze goen. Et ass och all Eenzelne vun eis, deem hei muss Faarf bekenne géint Rassismus, Homophobie an Transphobie!

Esou wéi et schonn am nationalen Aktionsplang fir d'Promotioun vun de Rechter vun der LGBTI-Communautéit vun 2018 ugeduecht ginn ass, ënnerstëtzen ech d'Schafe vun enger Circonstance aggravante bei engem Crime de haine. Dëst schreift sech och an d'Recommandatiounen an, déi d'ECRI deementspreechend och gemaach huet.

Et geet also hei och dröms, d'Sécherheet ze hunn, dass een net systematesch der Situatioun ausgesat ass, wou een Affäre vun Diskriminatioun gëtt. Déi Jonk sinn, wéi ech virdru gesot hunn, besonnesch duerch d'Restriktiounen duerch d'Pandemie affektéiert ginn, dëst och um Niveau vun hirem mentaler Gesondheet. D'Jugend ass eng eminent wichtege Zäit an der Entwécklung hin zu engem autonome Mënsch. Et ass déi Zäit, an där een och zum Deel sech selwer kenneléiert, an där een heiansdo Limiten ausreizt, an där een och Frëndschafte schléisst, jo, an där ee sech och emol verléift.

D'Pandemie huet d'Liewe vun eise Jugendlechen zäitweis an e Standbymodus gesat. Dëst ass e Grond, firwat mir als Politik parteiüwwergräifend eis Jugendlech zur absolutter Prioritéit maache mussen! Eng „Generatioun Covid-19“, där hiert Wuelbefannen nohaltege impaktéiert ass, muss onbedéngt verhënnert ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana (LSAP), rapporteur.** - D'Etüd COVID-Kids vun der Uni Lëtzebuerg huet festgestallt, dass d'Zefriddenheet mam Liewe bei de Kanner während der Pandemie d'äitlech zréckgaangen ass. Dat emotionaalt Wuelbefannen huet besonnesch bei Kanner gelidden, déi aus engem sozioekonomesche méi schwachen Ëmfeld kommen. Ech ënnerstëtzen dofir ganz kloer d'Fuerderung vu virun dräi Joer vum Jugendparlament an och vum Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand, dass fir d'Visitt beim Schouldokter och e Psycholog derbäi ka sinn. Déi physisch an déi mental Gesondheet sinn enk matenee verbonden a si bedéngen sech géigesäiteg.

(*Interruption*)

Den ORK hat och 2018 en Inventaire vun den existéierenden Offere vu Servicer am Beräich vun der Santé mentale proposéiert. Mir lichte kloer an, dass mer net vun engem Jonken, deem et net gutt geet, verlaange kënnen, dass e fir d'éischt emol duerch eng Lëscht geet vu verschiddenen Acteuren, fir dann och de Wee ze sichen, iert en Hëllef kritt. Et ass awer och wichtege, dass op allen Niveaue an Enseignement Theemae wéi Depressioun a mental Gesondheet altersgerecht thematiséiert ginn. Mir müssen Tabue briechen, wa mir wëlle weiderkommen, an och d'Sécherheet vun der Prise en charge bei deene Jonke gewäerleeschten.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana (LSAP), rapporteur.** - E Staat, dee wëll senger Bierger e Sécherheetsgefill ginn, muss resolutt antrieben fir d'Bekämpfung vun Inegalitéiten. Ongläichheete beanträchtegen net nëmmen de Fonctionnement vun enger Ekonomik, mee virun allem och déi sozial Bindungen an enger Gesellschaft. Wëssenschaftler, notament Epidemio-





logen, beschäftege sech scho säit méi Laangem mat de Konsequenze vun Inegalitéiten.

D'Majoritéit vun de wëssenschaftlechen Aarbechte kënn't zur Konkusioun, dass d'Konsequenze vun Inegalitéiten net just vun enger Minoritéit vu Leit an der Prekaritéit gedroe ginn, mee dass se hiren Nidderschlag hunn op déi ganz Gesellschaft! Do, wou d'Ënnerscheeder an d'Revenue méi déif sinn, leit déi ganz Gesellschaft ëmsou méi ënnert der sozialer Kompetitioun tëschent de Leit.

D'Ënnerscheeder duerch de soziale Status si méi visibel an enger Gesellschaft, wou de Gruef tëschent Aarm a Räich méi grouss ass. Dofir ass et an enger inegalitärer Gesellschaft och ëmsou méi wichteg, dass een an där sozialer Kompetitioun net de Kierzeren zitt.

An ongläiche Gesellschafte liewe mir ënner engem soziale Stress, well mir Angscht hu virum Jugement vun eise Matmënschen, dëst ëmsou méi, well mir a Gesellschaftsstrukture liewen, an deene permanent de Meritt am Vierdergrond steet, an deene mir bewosst oder onbewosst nach ëmmer dat Denke fleegen, dass een am Liewe Succès huet, well ee besser ass wéi déi aner.

En Echec erlieft een deemno just dann, wann ee sech net druginn huet oder net gutt ass. Esou en duaalt Denke stäerkt bei Wäitem de sozialen Zesummenhalt sécher net, well et rechtfertegt, firwat ee senge Matmënschen, deenen et vläicht manner gutt geet wéi engem selwer, net ze hëllef brauch.

Gesellschaften, an deenen d'Logik vum fräie Maart an allen institutionelle Beräicher ugewannt gëtt, entwëckele sech lues a lues zu Strukturen, an deenen eng Hyperkonkurrenz iwwerwee. Gemeinsam Wäerter an d'Striewen no engem kollektive gesellschaftlechen Zil verschwannen. An esou enger Gesellschaft, wou jidderee fir d'éischt no sech kuckt, wou den Individualismus zelebriert gëtt, ass och d'Kriminalitéit méi ausgepräegt.

A mengem Budgetsrapport hunn ech e puer konkret empiresch Beispiller hannerluecht, wou wëssenschaftlech opgeschafft gouf, wéi méi Sozialausgaben och zu enger Baisse vun der Kriminalitéit gefouert hunn.

An enger egalitärer Gesellschaft dergéint verhole sech d'Leit méi kooperativ a se engagéiere sech méi fir d'Allgemengheet. Mir hunn also allegueren ze gewannen, wa mir e staarke Sozialstaat hunn, egal wéi vill Leeschtunge mir perséinlech an Usproch huelen. Hei spillt d'Sécherheet vum Solidaritéitsprinzip!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*), *rapporteur.* - Et geet also hei drëm, d'Sécherheet ze hunn, d'Gewëssheet ze hunn, dass de Staat een net vergësst, grad an Zäite vun der wirtschaftlecher Relance.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*), *rapporteur.* - Tëschent 2015 an 2019 sinn zu Lëtzebuerg d'Inegalitéiten - gemooss unhand vum Gini-Koeffizient, deen déi ganz Distributioun vun de Revenue berücksichtegt - an d'Luucht gaangen, vun 0,28 op 0,32. Dës Tendenz ass net gutt. Dofir ass et awer ëmsou méi erfreelech, dass no enger éischter Lektür vum Stated déi vrsiichteg Konkusioun ka gezu ginn, dass d'Inegalitéite während der Pandemie net weider gewuess sinn.

Au contraire, de Gini-Koeffizient ass d'lescht Joer esouguer liicht erofgaange par rapport zu 2019. Et ass e Konschstück, fir an esou enger massiv wierkender Pandemie keen Ausernanerdrifte vu Revenuen zu Lëtzebuerg ze observéieren. Dat Konschstück ass awer och zrëckzeféieren op en Zesummespill vu ville soziale Mesuren, déi vun der Regierung decidéiert gi sinn: de Chômage partiel, bei deem d'Indemnitéit ëmmer op d'mannst op der Héicht vum soziale Mindestloun gewiescht ass, de Congé pour raisons familiales, d'Allocation de vie chère, déi och déi zweete Kéier revaloriséiert gouf, d'Erhéije vum Crédit d'impôt, deen d'CO<sub>2</sub>-Steier bei den ënneschte 40 % vun de Menagen en moyenne integral kompenséiert huet.

Dës Moosname gi vun der Gesellschaft gedroen. Dat ass positiv an am Moment ass Solidaritéit nach zum Gléck ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*), *rapporteur.* - Dës Decisiounen hunn hir Wierksamkeet ënner Beweis gestallt, wann et drëms gaangen ass, de sozialen Zesummenhalt an eisem Land ze verdeedegen. An awer wësse mer och, dass Ongläichheeten do sinn an eis viru grouss Erausforderungen stellen. De Bildungsbericht, dee kierzlich virgestallt gouf, huet et jo nach eng Kéier kloer ënnerstrach.

Eng zukunftsorientéiert Finanzpolitik muss deemno nieft de Recetten, déi e Gestaltungsspillraum bidden, och dorop beduecht sinn, iwwert d'Ausgaben den Usproch vu Chancëgläichheet, sozialer Gerechtgheet a gesellschaftlechem Zesummenhalt ze hunn an ze gewärleeschten.

Här President, fir eng besser Adequatioun tëschent Offer an Demande um Aarbechtsmarché ze erméiglechen, huet d'Regierung de Programm „Digital Skills“ an d'Liewe geruff, e Projet vun enger Formation continue am Beräich vun der Digitalisatioun en faveur vun all deene Leit, déi tëschent dem 1. Januar 2021 an dem 31. Mäerz 2021 am Chômage partiel gewiescht sinn.

Parallèll dozou gi mam Programm „Future Skills“ 500 Demandeurs d'emploi forméiert. De Contenu vun dëser Formation gëtt nach engem méi breede Public vun Demandeurs d'emploi zur Verfügung gestallt.

Mënschen, déi bildungsméisseg geréng qualifizéiert sinn, sinn oft vun Ängschte gepräagt. Hinne muss zougesécher't ginn, dass si net vergiess ginn, notament am Kader vun hiren Aarbechtsperspektiven. Am Kader vun der Digitalisatioun, déi jo en transversale Charakter an dësem Budget huet, ass et wichteg, si bei dësem Prozess matzehuelen a si ze begleeden, fir dass grad déi sougenannte „fracture digitale“ sech net weider verstärkt. Dës Grundvoraussetzung muss gesat ginn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*), *rapporteur.* - E weidere Usaz kéint och eng méi déifgräifend Analys vum Décrochage scolaire sinn. E Jonken, deen d'Schoul ofbrécht, dëst duerch eng Rei Grënn, befënnt sech ganz oft an enger onsécherer Situatioun. An him Perspektiven ze bidden, déi him eng Planungssécherheet ginn, ass fundamental. D'Garantie de la jeunesse mat méi Méiglechkeeten ze etofféieren, auszeweiden, dat ass och sécherlech eng interessant Pist. De Mënsch brauch d'Gefill, eppes Sënnvolles maachen ze kënnen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*), *rapporteur.* - Mee natierlech wier et och elo net richtig, sech op dëse Lorberen auszerouen. Mir muss weider schaffen, fir d'Schéier tëschent Aarm a Räich laangfristeg zouzeuréien. Ech géif derfir plädéieren, dass mir d'Barriären, d'Plaffongen, ënnert deenen ee leie muss, fir d'Allocation de vie chère ze kéien, no uewen adaptéieren, fir dass méi Leit kënnen an de Genoss kommen.

Ech sinn och der Meenung, dass d'Entente des offices sociaux misst eng budgetär Dotatioun kéien, fir dass se eng intern Gouvernance opbaue kéint an hirer Aarbecht als Daachorganisatioun vun den Office-socialen, fir se och da kënnen ze professionaliséieren. Well den Aarbechtvolume vun den Office-sociale jo no dem sozioekonomesche Kontext vun de Gemenge variéiert, an awer, mengen ech, jiddereen e gudder personaliséierte Suivi a prekären an onséchere Situatiounen soll kéien, muss een deem och bei der Unzuel vun de Sozialaarbechter an dem Office social Rechnung droen.

Ech ënnerstëtzen doriwwer eraus och all concertéiert Approche, fir e sozialen, medezinneschen an therapeutische Suivi vu Sans-abrisen - och si liewen an der Onsécherheet -, weider auszubauen. D'Sans-abrise sinn enger gesellschaftlecher Stigmatisatioun ausgesat. Si muss kënnen vun der Gesellschaft opgefaange ginn.

An dësem Kontext ass mir a sëllegen Entrevuen zougedroe ginn, wéi wichteg et ass, dass mir d'Wanteraktioun zäitlech méi breet ausbauen. Si ass immens wichteg, well si gëtt de Sans-abrise Schutz a Sécherheet.

Eng aner wichteg Approche an dësem Kontext ass de Konzept vum „Housing First“, mat deem mir hei zu Lëtzebuerg gutt Erfahrung gemaaht hunn. Aus deem Grond géif et sech ubidden, den „Housing First“ aus der Pilotphas eraus auszeweiden an ze generaliséieren.

Den Housing First ass e wichtige Grondstee fir eng Reinsertioun an d'Gesellschaft an op de Wee vun engem stabillen an autonome Liewen a Sécherheet.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*), *rapporteur.* - De Problem vun der Penurie vun abordablem Wunnraum zu Lëtzebuerg spëtzt sech zou a féiert zu Onsécherheeten an der breeder Gesellschaft, notament bei deene Jonken, déi sech en éischt Logement kafe wëilten. Déi sozial Kris, déi de Logementsproblem mat sech zitt, belaascht de sozialen Zesummenhalt an der Gesellschaft ëmmer méi staark.

Mir hunn et zu Lëtzebuerg och mat Spekulationen ze dinn, an dat wësse mer scho méi laang. Wunnraum ass an duerf kee Finanzobjekt sinn, mee muss genotzt ginn, fir d'Vesprieche vun engem Recht op eng propper an op eng saluber Wunneng ze erfëllen. D'Precaritéit énergétique respektiv d'Energieaarmut sinn natierlech och Elementer, déi hei a Consideratioun, a Betuecht muss geholl ginn. Och si hunn Auswierkungen op déi méi sozial schwaach Stéit.

Virun allem déi Schwächst an eiser Gesellschaft riskéieren, duerch déi héich Logementspräisser kee Fouss méi op de Buedem ze kéien. Aus sëllege bi-

laterale Gespréicher, déi ech als Budgetsrapporteur mat sozialen Träger konnt hunn, hunn ech erausheieren, dass si reegelméisseg op Widerstand stoussen an dass duerch administrativ Prozedure vill Energie verluer geet, ier de Projet ka Realitéit ginn.

Déi lescht Publikatioun vum Observatoire de l'habitat huet jo och ervirgestrach, wéi héich den Taux d'effort ass an den Ënnerscheed tëschent de Stéit, déi Locataire sinn, am Verglach zu deenen, déi Proprietär sinn, respektiv deenen, déi méi Logementer besëtzen. Och hei besteet eng staark Inegalitéit.

Et ass mir deemno och e wichtegt Uleies, dass déi sozial Träger méi ënnerstëtzt ginn an hirem Bestrieuen, fir abordable Wunnraum op verschidde Manéieren a fir verschidden ënnerschiddlech Besoinen ze schafen.

D'Ënnerstëtze vu verschiddenen Zorte vu soziale Logementer mat enger variabler Prise en charge a Fonctioun vun der Progressioun vum Beneficiaire hin zu engem autonomen, onofhängege Liewen ass kruzial. Déi verschidden Offeren, déi an der Prise en charge variéieren, muss beschtméiglechst aneuegräifen, fir dass d'Transitiounen méiglech sinn an ofgesécher't sinn.

Déi ëffentlech Bauträger hunn hirersäits hir Efforten an de leschte Joren intensivéiert. Si gesi vir, bis 2025 eng 4.300 Wunnengen ze bauen, wat eng gutt Tëschenetapp ass, mee wat manner ass wéi d'Demanden no abordable Wunnengen, déi haut op der Liste d'attente sinn vum SNHBM a vum Fonds du logement. Eng verstärkt Zesummenaarbecht am Wunnengsbau tëschent privaten an ëffentlechen Acteuren ass d'ailleurs och eng interessant Pist.

Här President, ech komme sou lues zur Konkusioun. De Jean-Jacques Rousseau huet am Joer 1762 a sengem Wierk „Du contrat social ou Principes du droit politique“ d'Noutwendegkeet vun engem Contrat social, deen d'Bierger matenee verbënnt, ervirgehuewen. Dëse Contrat social erméiglecht eng Uerdnung vun eiser Gesellschaft, déi op Fräiheit a Gläichheet berout. Seng Theorien hunn deemools scho bewisen, dass - wa mir e Gesellschaftsmodell wëllen, dee sech laangfristeg bewäre kann - mir als Mënschheet gemeinsam Wäerter deele mussen, déi universell gëllen.

D'Vetraue vun de Leit an d'Institutionen bleift den Dréi- an Aangelpunkt fir e gudder Fonctionnement vun eiser Demokratie. Dëst Vertraue berout a fousst sécherlech op viregten an aktuell besteeënden Erfahrungen - positiver wéi negativer Natur - am Émgang vun den Institutionen mat hire Biergerinnen a Bierger.

Et geet hei och ëm d'Vetrauen an d'Legitimitéit vun hirem Fonctionnement. An dëst Vertrauen ass och en Indicateur vu sozialer Kohäsioun. Et ass d'Vetraue vum Bierger an d'Institutionen, déi him am Alldag méi no stinn. Et ass awer och d'Vetrauen tëschent Staat a Gemengen, fir gemeinsam verschidde Missiounen am Interêt vun de Bierger ëmzesetzen. Lëtzebuerg soll dat Land vun de kuerze Weeër bliwen.

Vertrauen a Statistiken ass fundamental, well an enger Wëssensgesellschaft sinn offiziell Statistiken onersetzbar. Dëst Vertraue kann nëmmen dann Entstoen, wann ee fiabel an onofhängeg Statistikinstitute huet, déi sech op wëssenschaftlech Fakte baséieren an déi eng konstant rigouréis Aarbecht maachen. Mee och d'Wësse vun de Leit, wéi offiziell Statistiken iwwerhaupt zustane kommen, dréit zum Schafe vum Vertraue bäi. Virun allem awer mussen d'Statistiken och eng Sprooch schwätzen, déi déi geliefte Realitéit aus dem Alldag vun de Leit widderspigelt. §Gefillt Wourecht a wëssenschaftlech beluecht an novollzéibar Fakte si sécher net dat selwecht.

Eng demokratesch Gesellschaft duerf kontradiktoresch Debatten ni fäerten, mee si mussen am Respekt vun der Dignitéit vun deem Eenzelnen oflafen.

D'Ausschaffe vu politesche Mesuren, déi am Interêt vun enger Gesellschaft sinn, déi aus Leit mat ganz ënnerschiddleche Besoine besteet, ass sécher och net ëmmer einfach. D'Grundvorausetzung, fir dass et eis awer beschtméiglech gelénge kann, ass e staarke Sozialstaat, deen d'Leit opänke kann, wa se an Nout geroden. Dëst Bestriewe kënn't finalement och der ganzer Gesellschaft zegutt.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*), *rapporteur.* - D'Lutte géint Inegalitéiten, géint Ongläichheeten, ass kee Selbstzweck, mee si ass e weesentlecht Instrument, fir dass mir eng inklusiv Gesellschaft behalen, wou net just jiddwereen no sech kuckt, mee wou et e kollektive Wäertekompass gëtt.

D'Ënnerscheeder tëschent dem soziale Status vun de Membere vun eiser Gesellschaft duerven net ze staark sinn, fir dass mer eis awer nach ee mat deem aneren identifizéiere kënnen an Empathie fir eis Matmënschen un den Dag leeë kënnen.

Wien un e staarke Staat denkt, deen denkt och un ëffentlech Investissemeter. Mee d'Pandemie huet Megatendenzen acceleréiert, déi hirersäits op On-

gläichheeten Afloss huele kënnen, wéi zum Beispill d'Digitalisatioun. Hei gëllt et, dass mir zukunftsorientéiert agéieren a beschtméiglechst anticipéieren, fir, wéi gesot, déi sougenannte Fracture digitale ze verhënneren.

Nieft der Digitalisatioun an dem technologesche Fortschrëtt stellt eis och de Klimawandel viru gréisser Erausforderungen. All dës Erausforderungen hunn e gemeinsamen Nenner: Si concernéieren déi Vulnerabelst ëmmer fir d'éischt. Dofir ass eng ambitiéis Investissementspolitik esou wichteg an de Budget vun der Koalitioun dréit deem Rechnung.

Eng inklusiv Gesellschaft mat engem staarke Sozialstaat ass also dee beschte Wee, fir eise sozialen Zesummenhalt ze sécheren. Do dernieft duerfe mir awer als Politiker och ni midd ginn, de Leit eis Politik ze erklären. Schonn am Joer 1795 huet den Immanuel Kant a sengem Wierk „Zum ewigen Frieden“ gesot, dass Friden tëscht eis Mënsche keen natierlechen Zoustand ass, mee dass de Friden ëmmer muss ofgesécher't ginn duerch d'Moral, déi de Kant als Theorie vun de Rechter a Flichte vun eis alleguerter versteet. D'Politik ass d'Mëttel, fir dës moralesch Uerdnung kënnen ëmzesetzen.

An e wichtegt Element ass och de Prinzip vun der Publizitéit, dee beseet, dass Decisiounen a Reegele muss motivéiert an erkläert ginn. Grad an onsécheren Zäiten, an Zäite vun enger Pandemie, ass d'Erkläre vum Sënn an Zweck vu politeschen Decisiounen zentral an dréit zur Ofsécherung bäi.

Mir müssen ee fir deen anere Versteesdemech weisen; grad esou kloer mussen awer och déi elementairst Reegele vu Respekt bei allen néidegen Ausernansetzungen agehale ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*), *rapporteur.* - Här President, d'Koalitionsparteien hunn e Budget presentéiert, dee sech der wirtschaftlecher Reprise verschreift an dobäi, duerch déi Akzenter, déi gesat ginn, kee vergësst. Mäin Nofollger oder meng Nofollgerin d'nächst Joer wäert sech sécherlech - ech ginn dovun aus - mat méi positiven Zuelen ausernansetzen dierfen. Ech hoffen, dass et esou wäert sinn.

Ofschléissend wëllt ech nach e puer Mercie lassginn.

Ufänke wëllt ech mam Finanzminister, dem Pierre Gramegna. Merci him an och senge Mataarbechter. E Merci un d'Chamberverwaltung, an do virop un d'Madamm Caroline Guezennec, Secrétaire-administrateur vun der Kommissioun. E Merci och un den André Bauler a senger Qualitéit als President vun der Finanzkommissioun fir seng Rotschléi.

■ **Plusieurs voix.** - Aa!

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*), *rapporteur.* - E ganz grouse Merci geet awer och un eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter an der Chamberfraktioun an un de Patrick Weymerskirch fir hiert wäertvollt a grousst Engagement bei der Ausschaffung vun dësem Rapport.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*), *rapporteur.* - Et waren nu wierklech intensiv Wochen, jo, wou een deelweis u seng Limitte kënn't an déi nach emol verschiebt. Et

## Le saviez-vous ?

### VOTE DE LA LOI

La Chambre des Députés se prononce sur les projets et propositions de loi dans le cadre de plusieurs votes. Un projet ou une proposition de loi peut être soumis au vote par division sur demande de cinq députés au moins. Si des modifications ont été adoptées, la Chambre procède ensuite au second vote réglementaire sur ces amendements après que le Conseil d'État a donné son avis à leur sujet. Ce vote tient son nom du fait qu'il est prévu par le Règlement de la Chambre. L'étape suivante concerne le vote sur l'ensemble du projet ou de la proposition de loi. Finalement, au moins trois mois après le vote sur l'ensemble, le second vote constitutionnel achève l'œuvre législative de la Chambre. Néanmoins, la Chambre, avec l'accord du Conseil d'État, peut décider de se dispenser de ce second vote constitutionnel.

### DÉPÔT

Le dépôt est l'acte par lequel la Chambre des Députés est officiellement saisie d'un projet de loi ou d'une proposition de loi.





wiisst een aus sech eraus, an dës Missioun war fir mech eng aussergewéinlech Erfahrung, déi ech net wëilt messen. Merci, dass ech dës Chance krut.

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Gedold a fir d'Nolauschteren. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Budgetsrapporter, dem Här Dan Biancalana. Muer de Moien hiéiere mer den Exposé vum Här Finanzminister Pierre Gramegna.

## 6.7929 - Projet de loi du \*\*\* portant modification :

1° de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ;

2° de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées ;

3° de la loi modifiée du 29 octobre 2020 portant 1° dérogation à l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ; 2° modification de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ; 3° modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées

Mir kommen elo zum Projet de loi 7929 iwwer eng temporär Ofännerung vum Schoulgesezt. D'Riede-zäit ass nom Basismodell festgeluecht. An et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Martine Hansen, d'Madamm Francine Closener, d'Madamm Djuna Bernard, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Sven Clement.

An ech ginn direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**

■ **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.** - Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Gesetz handelt et sech ëm d'Verlängerung vun engem Gesetz, wat d'Verstärkung vun de Remplaçanten am Fondamental an am Lycée, dat heescht d'Ersatzpersonal am Enseignement, betrëfft.

Ech zielen Iech näischt Neies, wann ech Iech soen, dass duerch d'Pandemie och méi Personal am Enseignement gebrauch gouf, fir d'Kontinuitéit vum Unterrecht ze garantéieren, engersäits, well an Alternance geschafft ginn ass, dat heescht am Wiesel tëschtent Homeschooling a Presenzunterrecht, mee anerersäits och, well vulnerabel Enseignanten net méi an der Klass konnte present sinn. An da kommen natierlech och d'Quarantänen derbäi, wou awer ëmmer erëm Léierpersonal huet missen ersat ginn, well si entweeder selwer de Virus erwëscht haten oder well se a Kontakt ware mat enger Person.

D'lescht Joer virun der grousser Vakanz hate mer eng Rei Derogatiounen iwwert de Rekrutement vu Remplaçanten a Surveillanten agefouert. Dat war de Projet de loi 7579. D'Zil vun dësem Gesetzesentwurf war et, den Accès an de Beruff zäitweilg ze vereinfachen an esou séier wéi méiglech un nei Remplaçanten ze kommen.

Du koum och nach derbäi, dass de Conseil supérieur des maladies infectieuses am Oktober 2020 decidéiert huet, dass Dammen, déi e Puppelche kréien, och als vulnerabel Persounen unzegesi sinn, wat dozou gefouert huet, dass nach eng Kéier 200 Enseignanteën am Fondamental gefeelt hunn, an och am Secondaire sinn natierlech eng Rei Professorinnen doduerch ewechgefall respektiv natierlech doheembliwven.

Natierlech war den normale Contingent u Remplaçantent bäi Wäitem net grouss genuch, fir dës Enseignanten ze ersetzen. A kuerz virun der Summerschoul hu mer d'Situatioun an de Schoulen nach eng Kéier frësch evaluéiert a mir sinn zur Konkusioun komm, dass mer d'Dispositiounen verlängere missten, an dat bis den 31. Dezember dëst Joer.

A menger Ried zu deem Projet de loi hat ech gemengt, mir wieren héchstens op Zousazpersonal ugewisen, wa mer nees missten den Unterrecht op Distanz aféieren - dat hu mer jo net gemaach, Gott sei Dank -, säit dem September. Mee leider gesinn d'Realitéit an d'Besoinen um Terrain awer nach e bëssen anescht aus.

Och wa mer keen Homeschooling säit der Rentrée gemaach hunn, befanne mer eis an enger trotzdeem net einfacher Situatioun an eise Schoulen. An duerfir huet den Educatiounsministère decidéiert, d'Derogatiounen eng drëtze Kéier ze verlängeren, an zwar bis de 17. Abrëll 2022.

Als Rappel nach eng Kéier déi eenzel Dispositiounen:

Déi éischt betrëfft d'Konditioun, déi e Kandidat muss erfëllen, fir Remplacementen am Fundamen-

tal dierfen ze maachen. Normalerweis brauch een do eng speziell Attestatioun, déi een eréischt kritt, nodeems een e Stage vu véier Wochen an enger Grondschoul gemaach huet, an déi da vum Directeur de région ausgestallt gëtt. Fir d'Prozedur vum Rekrutement ze beschleunegen, hat de Ministère proposéiert, fir ausnamsweis och Kandidaten ze rekrutéieren, déi keng esou eng Attestatioun kënnen virweisen.

Elo geet et drëms, den Dispositif, wéi gesot, bis de 17. Abrëll 2022 ze verlängeren, fir dass dat zweet Trimester vun dësem Schouljoer och esou problemlos wéi méiglech ka stattfannen an d'Kontinuitéit am Unterrecht garantéiert ass. Konkreet heescht dat, dass Remplaçantent weiderhin eng Dispens vun deene véier Woche Stage accordéiert kréien.

Wie kënt dann elo eventuell an de Genoss heivunnen?

Prioritär soll op Leit zréckgegraff ginn, déi e Bachelor an Erziungswissenschaften hunn. Déi zweet Méiglechkeet, dat sinn d'Reemplaçanten, déi virun der Reform vum Enseignement fondamental, dat heescht virun 2009, agestatt goufen. An als lescht Ressource kënnen Leit rekrutéiert ginn, déi e Premièresdiplom hunn an natierlech déi dräi administrativ Sproochen aus dem Land hei beherrschen.

Dës Agente ginn ënner engem Regimm vum Employé d'État engagéiert a kréien e CDD.

E puer Zuelen: Am Cycle 1 bis 4 sinn am Moment 42 Remplaçanten ënnerwee. A fir de Pool vun de Remplaçanten, wat d'Études surveillées ugeet, sinn 272 Leit ënnerwee. An et ass mer wichteg ze ënnersträichen, dass déi alleguerten en équipe schaffen, dat heescht, dass déi och zesummeschaffe mam brevetéiertem Léierpersonal aus deene verschidene Schoulen.

Wat de Lycée betrëfft, gëtt et eng zweet Dispositioun an déi betrëfft d'Reegelung vum Personal am Enseignement secondaire. Fir d'Surveillance an de Lycéeën ze assuréieren, soll de Bildungsministère kënnen op Staatsbeamten oder Staatsemployéen zréckgräifen, déi net am Enseignement public täteg sinn an zäitweilg kënnen detachéiert ginn. Dës Agente géifen dann temporaire vun hirem Poste fräigestallt ginn, fir kënnen an de Lycéeën ze hëllefen. An dernieft sollen d'Lycéeën natierlech och zousätzlech Remplaçantent kënnen rekrutéieren, dëst ënnert dem Regimm vum Employé d'État mat engem Contrat à durée déterminée. Där sinn am Moment 125 Leit engagéiert.

Här President, Dir gesitt, dëst Gesetz ass elo net wierklech eppes fundamental Neies. An de Projet de loi proposéiert, wéi gesot, béd Dispositiounen bis de 17. Abrëll d'nächst Joer ze verlängeren. Mir hätten all gär, dass eis Kanner kënnen weider an d'Schoul goen an do déi gréisstméiglech Kontinuitéit an e propperen Oflaf vum Unterrecht kënnen geëniszen.

Am Numm vun der Demokratescher Partei begrëissen ech natierlech d'Effort vum Bildungsministère an ech géif och mäin Accord zu dësem Projet ginn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - An ech soen dem Här Rapporteur Gilles Baum villmools Merci.

■ **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.** - Dee war awer nach net grad ganz fäerdeg.

**(Hilarité générale)**

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Ech soen him dann als Rapporteur villmools Merci.

**Discussion générale**

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Erlaabt mer, Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, vläicht eng perséinlech Nout hei eranzebréngen. Dir wësst, dass ech aus deem dote Beruff kommen. Wa mer d'Covidgesetz stëmmen, wäert den 3G an der Beruffswelt ab dem 15. Januar Realitéit ginn. Dat gëllt och fir den Enseignement.

Mir hunn am Enseignement, souwuel am Fondamental wéi och an de Lycéeën, eng ganz, ganz héich Impfquot vum de Schoulmeeschteren, de Léierinnen, de Professerinnen an de Professorinnen. Awer net alleguerte si se geimpft. De Choix, fir sech impfen ze loossen, dee besteet natierlech nach ëmmer, och fir d'Enseignanten. Si kënnen dat nach ëmmer maachen. Wa se et net maachen, hu se d'Méiglechkeet, sech testen ze loossen.

Ech hunn déi lescht Deeg eng Rei Messagë kritt aus dem Secteur, dee mer gesot huet, dass deen een oder aneren nom 15. net méi wäert untrieden. Ech géif hei e ganz, ganz waarmen Appell maachen un déi Leit alleguerten, déi sech net wëllen impfe loossen an am Enseignement schaffen, sech dach awer dann testen ze loossen. Ech maachen en Appell un hir Verantwortung, déi Verantwortung, déi een eeben hëlt, wann een an deen dote Beruff erageet. Ech appelléiere wierklech ganz, ganz staark hei un hir Conscience professionnelle.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Ech appelléieren un d'Léierpersonal, wat de Choix hëlt, fir sech net impfen ze loossen, fir sech testen ze loossen. An ech biede si: Loosst wannechgelift Är Kanner net hänken! Si wäerten Iech Merci soen!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Gilles Baum. Als nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Villmools merci, Här President, an och e grousser Merci un de Rapporteur. An ech ka mech senge leschte Wierder uschlëissen, fir och deen Appell ze maachen. An ech wëll awer gläichzäitig och allen Enseignantent Merci soen, well déi haten definitiv an de leschte Jore keng einfach Zäit a si hunn awer alleguer duergehalen, soen ech emol. Déi meescht hunn duergehalen. Also villmools merci! Well d'Educatioun ass eppes, wat extrem wichteg ass, an eis Kanner hunn en Urecht op Ausbildung.

Dëse Projet de loi ass och derfir do, fir eebe sécherstellen, dass déi pandemiebedingten Ausfäll u sech kënnen ersat ginn. A vu dass mer - ech hunn et scho gesot - och der Meenung sinn, dass eis Kanner a Jugendlech e Recht op Ausbildung hunn, ass et och wichteg, dass mer genuch Personal hunn, wann eeben aner Leit ausfalen. An duerfir wäerte mer och net géint dëse Projet de loi stëmmen.

Wat awer als Drénglechkeetsmesure geholl ginn ass am Ufank vun der Pandemie, gëtt elo schonns, ech mengen, esou lues fir d'drëtt verlängert. An am Prinzip war dat hei och schonn erëm eng Aart Drénglechkeetsprozedur, well de Projet de loi ass eréischt den 9. Dezember deposéiert ginn. Den 8. Dezember war zwar schonn een Avis vum Conseil d'État do.

Ech weess net, firwat dat awer erëm eng Kéier huet missen esou iwwert de Knéi gebrach ginn, well ouni konkreet Evaluatioun vum Personal, wat agestatt gëtt, gëtt dee Projet de loi elo einfach esou verlängert. Fir eis ass et eebe wichteg, dass d'Léierpersonal fachlech gutt ass, dass et pedagogesch gutt ass, dass se iwwerall topp sinn, well nëmme da kënnen mer eng qualitativ héichwärtig Ausbildung hikréien.

Dëst Gesetz gëtt elo verlängert bis de 17. Abrëll. Ech denken an ech fäerten, dass mer dëst Personal och nom 17. Abrëll nach brauchen, fir dass d'Schoul kann normal fonctionéieren. Wann et dann awer erëm eng Kéier verlängert gëtt, da kréien all déi Kandidaten, déi u sech schonn hire Kontrakt zweemol verlängert haten, automatesch e Contrat à durée indéterminée, ginn also fest agestatt. Dat sinn och scho Leit, déi nëmme eng Première hunn. An nëmme eng Première geet eiser Meenung no net duer, fir Qualitéit an der Schoul ze garantéieren. Do hu mer definitiv e Problem.

Mir wëssen, dass et op där enger Säit, mer schwätze jo, ... Déi Leit ginn u sech déi remplacéierend Poolye genannt. Et gëtt ganz gudder. Et gëtt der, déi sech ganz staark engagéieren. Et gëtt der awer och, déi vläicht net derfir gemaach sinn, fir dat ze maachen. Déi kréien awer dann automatesch, wéi gesot, e Contrat à durée indéterminée. Dat ass net gutt an eisen Aen. Et kënt eeben op den Enseignant un, wéi d'Schoul fonctionéiert.

Als CSV si mer domadder net averstanen, wéi gesot, Personal ouni pedagogesch Ausbildung, ouni onbedéngt déi fachlech Grondkenntnisser fest anzustellen. Dat ass eiser Meenung no definitiv net d'Léisung vun der Enseignantspenurie. Duerfir soe mer: Kuerzfristeg ass dat heiten als Léisung ok, laangfristeg - et riskéiert awer, eng laangfristeg Léisung ze ginn - ass et fir eis net ok. Duerfir wäerte mer eis bei dësem Projet de loi enthalen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Madamm Hansen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Francine Closener (LSAP).** - Villmools merci, Här President. Am Dezember zejoert hu mer händierend op en Impfstoff gewaart. An ech hätt mer net dreeme gelooss, dass mer zwar e Joer drop dee Vaccin hätten, mee d'Pandemie trotzdem net eriwuer wier, well ze vill Leit dee Vaccin net wëllen. D'Kris geet also an d'Verlängerung, an duerfir musse d'Kriseninstrumenter och an d'Verlängerung.

A grad an de Schoulen, grad am Fondamental, wou d'Kanner jo net kënnen geimpft ginn, sinn d'Inzidenzen am Moment héich, quitta dass mer am Verglach mat eisen Nopeschlänner relativ gutt do stinn; dat huet de Minister eis de Moien an der Kommissioun nach eng Kéier confirméiert.

An awer ass d'Belaaschtung weiderhin natierlech immens grouss fir d'Léierpersonal, net ze wëssen, wat muer ass. Hu mer e positive Fall? Oder hu mer der méi? Ass meng Klass an der Quarantän? Wien ass am Homeschooling? Muss ech Hybridunterrecht halen? Wie kënt wéini zréck? Wie muss wéi eng Prüfung noschreien? An esou virun. Alles dat kascht Zäit, Energie an Nerven, ganz ofgesi vun der

perséinlecher Situatioun vu Quarantän oder Isolatioun vum Léierpersonal.

Et ass also eeben nach ëmmer esou, dass déi eng Enseignanteën an Enseignanten als vulnerabel agestuuft ginn an net kënnen untrieden, op där anerer Säit d'Schoulpersonal krank gëtt oder kéint krank ginn an dowéinst ausfällt. An duerfir muss eeben deen Ersatzcontingent mat de sougenannte Poolyen an d'Verlängerung bis no der Ouschtervakanz. Duerfir ass et néideg, op déi Remplaçantent kënnen zréckzegräifen, déi de Stage net respektiv nach net gemaach hunn an déi Dispens eeben hei kréien.

Et gëtt awer sonnerzweifel Ënnerscheeder an der Qualitéit vun der Aarbecht, déi vun de Poolye gelescht gëtt. Ouni iergendee Stage zack direkt ersetzen ze goen, direkt virun enger Klass Schoul ze halen, dat ass net evident. An do sinn nun eeben och emol Leit drënner, déi iwwerfuert sinn, där hir Prestatioun ze wënschen iwwreg léisst. Ech mengen, dass dat och den Direktiounen bewosst ass an dass déi wuel kënnen de Choix maachen, wie gutt ass a wien net gutt ass.

Op där anerer Säit hoffen ech natierlech, dass vill vun deene Remplaçanten, déi gutt sinn, dann och zerguttst de Wee fir eng Enseignantsformatioun aschloen.

Wéi mer déi leschte Kéier iwwert dës Derogatioun geschwat hunn an de Projet de loi gestëmmt hunn, hunn ech scho gesot, et wier wichteg, en enke Suivi ze maache vun de Remplaçanten. Wéi hu se déi Zäit als Poolyen iwwerhaapt erlieft? Wéi gesi si d'Schoul vun haut? A wéi kréie mer se motivéiert, Enseignanten ze ginn an dann och e bëssen en Deel bäizedroen, fir der Penurie am Enseignement vun den Enseignantent Meeschter ze ginn?

Ech hoffen, dass dës Verlängerung net nach eng Kéier muss an d'Verlängerung goen, dass d'Schoul am Fréijoer fir dat lescht Trimester nees zur Rou kënnt. Mir stëmmen dëse Projet de loi. Dem Rapporteur e grousser Merci. An ech ka mech och dem Gilles Baum senge Wierder a sengem Appell no der Conscience professionnelle vun den Enseignanten nëmme uschlëissen.

Villmools merci!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Madamm Closener. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Merci, Här President. Och mir wëllen eis de Wierder vum Rapporteur uschlëissen an em Merci soe fir dës wichtige Plädoyer fir dës wichtige Secteur. Nieft der Schoul, mengen ech, gehéieren och d'SEAen (ndlr: Services d'éducation et d'accueil), d'Crèche an esou weider, dozou. Och si sinn do alleguerten an där Verantwortung vis-à-vis vun deene Jéngsten an deenen awer och Vulnerabelsten, well si sech am Moment net kënnen impfe loossen. An dowéinst ass dat e ganz, ganz wichtigen Opruff, dee mer deelen.

Merci och dem Rapporteur fir seng exzellent Aarbecht. Fir de Rescht, mengen ech, gouf vu menge Virriedner scho villes gesot. Fir mech ass e Schlëselmoment deen, wou een ënner Enseignanten zesumme kann eng Ekippe geréieren, wou een op deen aneren oppasst, wou een deem anere ka Rotschléi ginn. An dat ass, mengen ech, ganz besonnesch wichteg bei dëse Poolyen, bei dëse jonke Mënschen, déi sech engagéieren, fir hei anzespriegen, fir dass eise Schoulsystem ka weider fonctionéieren. An dat muss iewescht Prioritéit hunn.

An deem Sënn, mengen ech, ass dat heiten eng gutt Léisung, fir kënnen hei weider ze fonctionéieren. A mir gi ganz gären eisen Accord fir dës Projet de loi.

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Merci. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen direkt, dass mer dat Gesetz hei awer och wäerte matstëmmen.

Prinzipiell ass et esou, dass mer gäre brevetéiert Personal an de Schoulen hätten, Personal, wat gutt ausgebilt ass, Proffen, Schoulmeeschteren, Joffen, déi Beamte sinn, déi d'Stagen, alles gemaach hunn, déi hir Uni gemaach hunn. Mir brauchen dat. Mir brauchen eng héich Qualitéit vun eise Unterrechtswiesen.

Et ass awer elo hei ..., speziell Situatiounen erfuerderen eebe speziell Moosnamen. Ech mengen, mir kënnen d'Kanner jo net eleng do sëtze loossen oder ech weess net wou ee siche goen. Dat heescht, dat muss schonn iergendwéi organiséiert sinn, fir dass de Schoulbetrieb ka weidergefouert ginn. An aus deem Sënn eraus stëmme mer hei zou.

Ech wëll dann awer nach zum Schluss och eppes soen zu deem, wat den Här Baum gesot huet zum Schluss. Ech weess net, wéi vill Leit beim Léierpersonal geimpft sinn. Ech weess och net, wou ech déi Zuele géif fannen. Ech weess och net, wie mer dat kéint soen. Ech sinn awer frou, ...





#### (Interruptions diverses)

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- De Moien an der Kommissioun, Här Keup!

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Ech sinn awer frou, dass vill Leit an der Schoul, Léierpersonal, geimpft sinn, fir dass de Betrib kann esou gutt wéi méiglech weiderfueren.

#### (Brouhaha)

Ech sinn awer da mat eppes och net ganz averstannen. Dir hutt zum Schluss gesot, Här Baum, Dir hätt un d'Conscience appelléiert. Jo, dat kann ee maachen. Dir hutt gesot: „Loosst Är Kanner net hänken!“ Dat ass en dramateschen Appell.

■ **Une voix**.- Et ass jo richtig!

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Et kann een natierlech ... Jo, dat kann ee richtig fannen. Et kann een et natierlech och ëmdréien. Ech wëll dat awer elo hei ganz lues soen a soen: „Loosst Dir d'Kanner net hänken!“ Et gëtt nämlech eng einfach a pragmatesch Léisung. Mir hunn e klenge Prozentsaz vun deene Leit, vum Léierpersonal, déi sech net wëllen impfe loossen, an déi wäerten et net maachen. An dat gëtt elo e Problem, wann déi eventuell, wéi Der sot, net méi an d'Schoul kommen. Ma da kommt, mir ginn hin a mir ginn deenen eng Alternativ a mir ginn eng pragmatesch Méiglechkeet, fir sech dann testen ze loossen, an de Staat bezilt dat dann, wéi en et och mécht bei den Impfungen, an da kënnen déi Leit weider Schoul halen!

#### (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Dat ass eng pragmatesch Iddi, déi mer kéinte maachen, an da kéint de Schoulbetrib do weiderfueren. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Keup. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Merci dem Rapporteur fir säi Rapport. Also mir wäerten dat Gesetz hei matstëmmen. Et ass e Prolongement. Mir brauchen dës Reserv, fir datt eis Schoul iwwerhaupt funktionéiert. Mir brauchen déi Reserv och, fir eis Enseignantë mat ze entlaaschten. Et ass e schwéiere Moment. Mir kënnen et am Moment net anescht maachen. Mir kënnen net de Leit elo emol Stagen opbürden, ier mer se hunn. Leider, well dat wier jo de richtige Wee. Si mussen eng Première hunn. Dat geet effektiv zum Deel net duer.

A mir wieren och frou, wann nom Abrëll wierklech géif gekuckt ginn, mat den Direktiounen zesummen - well et ass schonn hei gesot ginn, déi wëssen, wie gutt funktionéiert huet, wou et gutt funktionéiert huet -, datt géif do eng Synthees gezu ginn an datt een deene Leit wierklech och eng Alternativ kéint ubidden, datt se vläicht wierklech kéinten envisagéieren, de Beruff ze léieren, en normalen Ofschloss do ze maachen.

Well dat hei ass jo wierklech déi Geleeënheet! Déi Leit hunn dat elo geschnuppert. Si wëssen elo ganz genau, ob si gemaach si fir de Beruff. An d'Direktioun wëssen och, wéi eng Leit gutt si fir de Beruff. An ech mengen, do hätte mer eng Opportunitéit, datt déi Leit dann herno awer vläicht e fäerdeg Ofschloss hätten. Well et ass immens wichteg fir eis Bildung, datt mer awer wierklech Leit do setzen hunn, déi de Metier och kennen an déi hir Stagë gemaach hunn.

Ech mengen, déi hei hunn da méi wéi genuch Stagen gemaach an dësem Joer, well se um Terrain sinn. An ech weess jo och, ech si jo och aus dem Beruff, an ech weess, datt déi awer och ganz gutt encadréiert gi vum Terrain, datt d'Enseignantë sech immens vill Méi ginn, well d'Enseignantë si jo och ..., et ass jo fir si wichteg, datt sech uerdentlech ëm d'Kanner bekëmmert gëtt. Si hunn iwwerhaupt keen Interêt, datt et net soll funktionéieren. Voilà!

Wéi gesot, mir stëmmen et mat. Mir hoffen, datt mer d'nächst Joer net nach eng Kéier erëm esou hei sëtzen. Mir hoffen, datt mer wierklech d'Enn vum Tunnel gesinn. Bei 90 % vun deenen, déi vaccinéiert sinn, mengen ech, ass elo nach just esou e klengen Endspurt, an dat misste mer awer och packen, fir datt mer och an der Schoul Rou kréien. An dofir, wéi gesot, mir stëmmen et mat a mir soe Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Ech sot et am Summer, ech sot et d'lescht Joer an ech soen et nach eemol: De Stage vu véier Wochen, deen een huet misse packen, fir dierfen am Fondamental ersetzen ze goen, dat war nach ni eng detailléiert Formatioun, mee et war ëmmerhin eppes.

Während dem ganze leschte Schouljoer an och déi vergaangen dräi Méint säit der Rentrée konnte Remplaçantë ganz ouni Ausbildung direkt a Schoule schaffe goen, an dat - Zitāt - „ausnamswéis“. Mee

dës Ausnam soll elo awer scho fir d'zweet verlängert ginn. An domat verléiert se esou lues awer sécher hire Charakter als Ausnam. Mir hate mëttlerweil annerhalleft Joer Zäit, fir eng besser Reegelung ze fannen. Mir haten annerhalleft Joer Zäit, fir e System auszeschaffen, mat deem dës Remplaçanten och während der Covidkris nees kéinten iergendwellech Formatioune maachen.

Mee mir wëllen et dobäi beloossen, datt hei weiderhin einfach Mënsche mat Kanner schaffen, deenen hir Kompetenzen a kenger Form evaluéiert goufen. Den IFEN zum Beispill huet jo och fir Enseignantë während der Covidkris ëmmer nach Ausbildungen ugebueden. An och d'Quereinsteiger gi jo weiderhin evaluéiert an hire Schoulstonnen. Firwat geet esou eppes also net fir d'Remplaçanten?

Et ass also net onméiglech, mee et gëtt hei guer net no dëser Léisung gesicht. D'Aussetze vun der Stagëflicht ass jo schlisslech dat Einfachst. Mee ass dat wierklech eisen eenzegen Usproch un eis Rekrutéierungspolitik an de Schoulen, datt et séier geet, datt d'Leit séier do sinn an datt esou alles einfach ofzewéckelen ass, ouni datt ee weess, wat déi nei Employéen iwwerhaupt leeschte kënnen a leeschten dinn um Terrain? Ech mengen net.

Wat schwätzt dergéint, datt iwwert d'Fréijoer an iwwert d'Summerméint, wou d'Pandemie wiederbedéngt ëmmer méi stabil ass, nees Stagë gemaach ginn? Firwat gouf bis elo näischt gemaach? Mir hu schonn am Summer proposéiert, weinstens e puer Formatiounsstonnen iwwert de Summer virzegeen an dann och ee klenge Stage an den éischte Wochen no der Rentrée. Gouf esou eppes gemaach? Ech hunn op alle Fall näischt esou héieren.

Eng aner Saach, déi een an deem Kontext vun dësem Projet awer och nach uschwätze muss, ass d'Aart a Weis, wéi hei mat méiglechen Aweise vun de Kummeren ëmgaange gëtt. Praktescherweis konnt am Rapport festgehal ginn, datt zum Zäitpunkt, wou de Rapport gestëmmt ginn ass, keen Avis virlooch. Bei engem Gesetzesprojet, deen den 9. Dezember agereecht ginn ass a wou den 13. - no engem Weekend! - dann direkt de Rapport gestëmmt gëtt, war dat jo wuel och net anescht ze erwaarden.

Mee war et wierklech net am Virus bekannt, datt de Minister hei eng Verlängerung wéilt ufroen? War et wierklech net méiglech, hei éischter en Text anzerechen? Also entweder huet de Ministère hei wierklech bis op de leschte Stëppel gewaart, fir engem seng Gedanke matzedeelen a Form vun Text, oder hei gouf bewosst gewaart, fir eventuelle Kriticken aus de Féiss ze goen. Dat wär bedauerlech!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës konstant Ausnamereegelunge sinn net de richtige Wee. Eng minimal Kontroll muss einfach Bestand hunn, wann een neit Personal direkt de ganzen Dag eleng mat Kanner an engem Klassenall léisst.

Hei muss ee sech einfach sécher sinn, datt dës Persounen der Aarbecht mat Kanner gewuess sinn a gutt mat hinnen ëmginn. Mee déi Kontroll ass am Moment net méi ginn, an dat fannen ech awer bedenklech.

Mir wäerten trotzdeem, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Verlängerung erëm matstëmmen, esou wéi mer et scho gemaach hunn, an der Hoffnung, datt et elo wierklech déi leschten Ausnam war an datt d'Ausnam net zur Reegel gëtt an datt dës Iwwergangsphas dann endlech en Enn kritt.

An dann, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, erlaabt mer awer nach ganz kuerz op déi pertinent Remark vum Rapporteur - deem ech Merci soe fir säi Rapport, och wann e ganz kuerzfristeg zustane koum - anzegoe mat dem geimpfte Personal.

Mir féieren de 15. Januar - esou gesäit et op alle Fall aus, wann dat Gesetz da gestëmmt gëtt - eng 3G-Reegelung op der Aarbechtsplaz an. An dann hu mer eng kokass Situatioun an de Schoulen. Tester, déi d'Enseignanten zesumme mat de Kanner an der Schoul maachen, déi gëllen national als zertiféiert Schnelltester, déi gëllen also fir d'Kanner, fir kënnen an e Restaurant ze goen, fir Sport ze maachen, fir op Evenementer ze goen. Dat sinn zertiféiert Schnelltester.

Den nämmlechte Moment hu mer Enseignanten, déi sech mussen bei eng Apdikt an d'Rei stelle goen, fir en zertiféierte Schnelltest ze kréien, fir kënnen schaffen ze goen. Also, do stellen ech mer awer d'Fro, ob mer do net bei Verschiddenen de Bock zum Gärtner maachen! An do stellen ech mer da wierklech d'Fro, ob mer do nach ganz kohärent mat eis selwer sinn. Well wéi kënnen mer op där enger Säit soen: Se si gutt genuch, fir den Test ze zertiféiere vun hire Kanner an der Klass, mee hir Kolleegen am nämmlechte Gebai sinn net gutt genuch, fir d'Schnelltester vun den Enseignanten ze zertiféieren, déi do schaffen?

Dat ass eng Fro, ob déi ech, ganz éierlech gesot, léif Kolleeginnen a Kolleegen, keng Äntwert hunn. Mee dorops hunn ech och net gewaart an dësem

Projet. Mir wäerten et matstëmmen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an och merci deenen Deputéierten, déi hei nach eemol zoustëmmen. Well ech mengen, jiddereen ass sech bewosst, datt op d'Schoulen, op d'Organisation an der Schoul, virun allem op d'Sécherstelle vum Unterrecht ganz vill an der Vergaangenheet duerkomm ass, dass dat ganz vill perturbéiert war an enorm vill gelescht ginn ass, fir datt awer den Unterrecht esou reibungslos wéi méiglech konnt funktionéieren. A mir sinn eis och bewosst, datt dat an Zukunft nach esou wäert sinn.

Trotz engem héijen Impftaux vun den Enseignantë an den Enseignantë wäerte mer Quarantänen och hu bei deene Professionellen. Mir wäerten och do nach ëmmer vulnerabel Persounen hu bei deene Professionellen, notament och nach ëmmer déi schwanger Enseignantë. Mir wäerten och vläicht iergendwann dann awer erëm eng Kéier op Distanz-unterrecht musse goen, och wa mer dat sécherlech net wënschen an als lescht Mëttel nëmme wéilten hunn.

Mir wäerten och nach ëmmer ganz massiv testen, well och dat Personal, ëm wat et hei geet, huet ganz staark, notament an de Lycéeën, gehollef, déi Tester och mat ze organiséieren, fir datt dat iwwerhaupt logisteschem konnt goen. A mir kréien - an de Rapporteur Gilles Baum a bal jiddereen, deen elo hei intervenéiert ass vun lech, ass och drop agaangen - och den 3G an de Schoulen.

Ech denken, datt et do kohärent ass, datt den 3G fir d'Schoul als Aarbechtsplaz gradesou gëllt, wéi den 3G gëllt fir all aner Aarbechtsplaz, soudatt ech do net direkt eng Inkohärenz kann entdecken.

Wann allerdéngs d'Chamber an hiren Texter, déi herno finalement hei decidéiert ginn, do eng Ausnamereegelung géif maachen, also mech géif dat ganz staark arrangéieren, wann d'Enseignantë sech selwer kéinten testen. Ech mengen awer net, datt dat warscheinlech wäert dobäi erauskommen.

Duerfir mussen mer och gewappnet si fir d'Zäit nom 15. Januar. Duerfir mussen mer och dovunner ausgeen, datt et trotz engem héijen Impftaux awer wäerten 2, 3, 4 % vun den Enseignantë sinn, déi net wäerte present sinn oder vläicht nëmme mat engem Test all Dag kënnen an d'Schoul kommen an hir Aufgab wouerhuelen an datt do zousätzlech Personal nach eng Kéier gebraucht gëtt.

Ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, datt dat Personal, ëm dat et hei geet, Leit sinn, déi eis déi lescht Méint wierklech vill gehollef hunn, fir d'Schoul iwwerhaupt gutt kënnen ze organiséieren, déi mer och emol geholl haten am Ufank, fir deelweis anzesetzen dann, wa mer Rou an der Schoul haten, wat de Covid ubelaangt, fir Covidretarde bei de Schülerinnen an de Schüler opzeschaffen, fir méi staark ze differenzéieren, fir souwisou an der Équipe pédagogique integréiert ze sinn an do eng Rei vun Aufgabe kënnen ze iwwerhuelen. An dat ass och op d'mannst an deene méi rouege Woche vun deene leschte Méint, wou mer jo awer net ëmmer nëmmen esou an der Aktualitéit waren, wat de Covid ubelaangt, wéi dat vläicht dës Wochen de Fall ass, geschitt an huet och seng Friichte gedroen a war wichteg fir d'Kanner.

Ech wëll vläicht einfach awer nach eng Kéier ganz rationell och erklären, datt déi Agenten - déi komescherweis en Numm kritt hunn, dee jidderee gebraucht a wou ech awer net weess, ob dat der Aarbecht vun deene Leit alleguerete gerecht gëtt - encadréiert si vun deenen aneren Enseignanten an der Schoul, datt déi Agente suivéiert ginn; agefouert ginn a suivéiert gi vun den Direktiounen, datt déi Agenten, well dat ass elo déi zweet Verlängerung, déi se hei géife kréien, natierlech do virun och nach eng Kéier evaluéiert ginn. A wann en Direkter mengt, deen Agent hätt dat net zu senger Zefriddenheet oder zur Zefriddenheet vun enger Schoul-communautéit gereegelt a gelescht, da géif em natierlech keen neie Kontrakt proposéiert ginn, da géif sech natierlech éischter ëmgekuckt ginn, well dat gesäit dat Gesetz jo och hei vir, datt en aneren Agent do amplaz kéint erakommen, soudatt et net hei iergendeen ass, dee mer vun iergendzousch huelen, fir elo direkt virun eng Klass kënnen ze kommen.

A wa mer et da mam normale Stage fir de Remplacement vu véier Wochen, fir d'Attestation de remplacement ze kréien, vergläichen, schwätze mer hei vun Agenten, déi elo iwwer véier Méint schonn an eise Schoulen dagdeeglech ënner schwierigste Konditioune gehollef hunn an hir Fra oder hire Mann gestanen hunn!

An ech mengen, wann d'Direktiounen domadder d'accord sinn, datt mer déi verlängeren, dann hunn ech och Vertrauen doranner, datt se weiderhin eng gutt Aarbecht kënnen maachen, déi op d'mannst equivalent ass mat där vun deenen, déi no engem véierwéchentleche Stage d'Attestation de remplacement kënnen kréien.

Kee Verständnis hunn ech awer och leider fir d'Interpretatioun vun der CSV, déi elo en Automatismus mécht, wann een dësem Gesetz géif zoustëmmen an et géif eventuell duerno nach eng Kéier verlängert ginn iwwert de 17. Abrëll eraus, dann hätten déi Leit alleguerete quasi e CDI.

Dat stëmmt net! Déi hätten e CDI laut Aarbechtsrecht zegutt, wa se dann nach eng Kéier eng Verlängerung vum Kontrakt géife kréien. Mee dat stëmmt jo net an dësem Gesetz, datt dat iwwerhaupt méiglech wär! Dat kéint dann héchstens an engem nächste Gesetz stoen. Also kéint een dëst Gesetz jo awer vläicht emol nach matstëmmen, wann een e bësse gudder Wëllens wär, fir wierklech d'Schoule kënnen funktionéieren ze dinn.

An da wär et nach ëmmer net esou, datt och den Exekutiv forcéiert wär, fir deene selwechte Leit nach eng Kéier e selwechte Kontrakt ze ginn, an et domadder zu engem CDI géif kommen. Mee da kéint een och nach ëmmer op aner Agenten, déi nei géifen agestallt ginn, zrëckgräifen. Also bis mer zu engem generellen Astelle vun all deene Leit hei am CDI géife kommen, do ass et awer nach e ganz, ganz wäite Wee. An dat ass net meng Intentioun.

Et ass awer meng Intentioun, esou wéi d'Myriam Cecchetti an anerer zum Beispill gesot hunn, datt mer déi Leit encouragéieren, sech d'Fro ze stellen, ob dat net e Beruff kéint fir se sinn, a se sech dann awer och géifen aschreiwe fir eng Ausbildung op der Uni oder op enger anerer Héichschoul.

Et war och vum éischten Dag un eis Intentioun, fir se ze encouragéieren, parallel och de Stage ze maachen, fir duerno déi Attestation de remplacement ze hunn, fir dann, wann dat Gesetz eng Kéier ausleeft, awer kënnen disponibel ze bleiven a Remplacementen kënnen ze assuréieren. An dat wäerte mer natierlech och ganz intensiv nach an den nächste véier Méint maachen.

Merci deenen Deputéierten, déi dat doten alles agesinn an hei mat Jo stëmmen!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci dem Här Educationsminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7929. Den Text steet am Document parlementaire 7929<sup>1</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7929 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration.

De Projet de loi 7929 ass mat 39 Jo-Stëmme bei 21 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui* : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

*Se sont abstenus* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung fir haut ukomm. D'Chamber kënn muer de Moien um 9.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 16.13 heures.)*



## Sommaire

1.

**Ouverture de la séance publique**

- M. Fernand Etgen, Président
2.

**Ordre du jour**

- M. Fernand Etgen, Président
3.

**7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2022 [...]**

**et**

**7879 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025 (suite)**

- Exposé : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (interventions de M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre)
4.

**7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2022 [...]**

**et**

**7879 - Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025 (suite)**

- Discussion générale : M. Gilles Roth (interventions de M. Gilles Baum, M. Claude Haagen et M. Laurent Mosar) - M. Gilles Baum

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État ; M. François Bausch et M. Dan Kersch, Vice-Premiers Ministres ; M. Jean Asselborn, M. Romain Schneider, M. Pierre Gramegna, M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, M. Marc Hansen, Mme Paulette Lenert, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferding, M. Lex Delles et M. Franz Fayot, Ministres.**

*(La séance publique est ouverte à 09.01 heures.)*

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech maachen d’Sitzung op. Huet d’Regierung eng Kommunika-tioun ze maachen?

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d’État*.- Den Här Finanzminister, Här President.

*(Hilarité)*

### 2. Ordre du jour

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D’Presidentekonfe-renz, déi de Moien zesummekomm ass, propo-séiert, d’Sitzung vu muer de Moien um 8.00 Auer amplaz um 9.00 Auer unzefänken. Et gött och propo-séiert, datt d’Covidgesetz, de Projet de loi 7924, souwéi d’Motioun vun der Madamm Hansen iwwert d’Covidmesuren an de Spideeler, déi gëschter deponéiert gouf, en Donneschdeg de Mëtten als éischt Punkten op den Ordre du jour solle gesat ginn. D’Covidgesetz gött mat engem Modell 1 dis-kutéiert.

Ass d’Chamber mat dësem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

*(Assentiment)*

Dann ass et esou decidéiert.

Den Här Premierminister freet d’Wuert.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d’État*.- Ech wëll mech just fir muer entschëllegen, wann d’Covidgesetz hei gestëmmt gött. Ech sinn zu Bréissel, ech hu Conseil européen. Ech wollt der Chamber dat just schonn au préalable matdeelen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Premierminister. Da sidd Der selbstverständlech entschëllegt.

### 3. 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2022 [...]

### 7879 - Projet de loi relatif à la programma-tion financière pluriannuelle pour la pé-riode 2021-2025 (suite)

Mir héieren de Moien den Exposé vum Här Finanz-minister Pierre Gramegna iwwert de Staatsbudget fir d’Joer 2022 an iwwert d’Programmation finan-cière pluriannuelle. Den Här Finanzminister Pierre Gramegna huet d’Wuert.

#### Exposé

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Här President, Här Premierminister, léif Regierungskollee-gen, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, viru genau zwee Méint stoung ech hei virun lech, fir lech de Budget vum Joer 2022 ze presentéieren an lech d’Perspective-budgetairé virzestellen. Dee-mools hat ech d’Bild vum bloen Himmel gebraucht, Dir kënnt lech vläicht erënneren, e bloen Himmel, wou déi däischter Wolleken ëmmer méi wäit ewech ginn. Eh bien, dat Bild, wat ech lech virun zwee Méint gemaach hat, dat huet sech an der Tëschen-zäit nach verbessert.

Dat soen ech net eleng. Dat huet och d’Europäesch Kommissioun gesot. An deem Avis, deem d’Euro-päesch Kommissioun de 24. November iwwer Lët-zebuerg geschriwwen huet, seet d’Kommissioun: « La Commission prévoit un déficit public légè-re-

ment moindre en 2021 » - wéi dat, wat mir virgesinn hunn -, « et un petit excédent de 0,2 % du PIB en 2022. » D’Kommissioun gesäit also fir de Gesamt-budget am Joer 2022 schonn eng schwaarz Null. Mee nach méi interessant: D’Kommissioun seet vir-aus, dass mer den Objectif de moyen terme, dat heescht eis Ziler vum Stabilitéits- a Wuesstums-pakt, dass mer dat Zil schonn dëst Joer, 2021, er-reeche géifen. Ech hat lech a menger Ried virun zwee Méint gesot, dass mer dat d’nächst Joer war-scheinlech géifen erreechen.

Ech muss och soen, an der Tëschenzäit, an deenen zwee Méint, sinn d’Recettë beim Staat och nach weider gutt gelaf. Ech hunn an der Commission des finances et du budget d’Zuele bis Oktober virge-stallt. An der Tëschenzäit hu mir schonn déi éischt Zuele fir de Mount November. An do bestätegt sech dës Tendenz.

Vu dass dat hei meng lescht Budgetsried ass, ass den Opbau e bëssem anescht wéi soss. Ech wäert natierlech e gewëssene Réckbléck maachen op dat, wat déi lescht aacht Jore geschitt ass, a wäert an deem éischten Deel déi fënnef Weeër zeechnen, déi dës aacht Joer charakteriséiert hunn. Dee fënnefte Wee ass natierlech de Wee an d’Zukunft. Ech kom-men dann duerno op d’Zuelen ze schwätzen, awer méi kuertz wéi soss, well ech hu se jo schonn am Oktober presentéiert, mee wäert natierlech e bës-sen op d’Amendementer vum Budget agoen, déi jo dann nei sinn, a wäert als drëtte Punkt d’Avisé vun deene verschiddenen Institutiounen ënnert d’Lupp huelen.

Ech géif awer gäre fir d’éischt am Ufank dem hono-rabelen Deputéierten Dan Biancalana Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport. Hien huet zwee Haaptdeeler a sengem Rapport gehat; en éischten, wou en iwwert d’Erausfuederunge vum Land a vun eiser Wirtschaft geschwat huet, wat fir eng Erausfuederungen op eis duerkommen. A mengen Aen huet en do richtegerweis vun engem Risk vun enger dauerhafter Inflat-ioun geschwat, eng Inflat-ioun, déi och bedéngt ass duerch e Wuesstum, deen am Joer 2021 an der ganzer Welt ganz grouss ass, awer och mat sech bréngt, dass mer Liwwerketteproblemer weltwäit hunn.

En huet richtegerweis ënnerstrach, dass mer haut op 5,4 % sinn, wat de Chômage ubelaangt - dat ass ongeféier déi selwecht Zuel wéi virun der Pande-mie -, a sech doriwwer gefreet. Do kënnen mer eis all driiwwer freeën! An en huet och ënnerstrach, an dat ass e wichtege Punkt, dee mer nach wäerten op anere Plaze belichten, dass zu Lëtzebuerg d’On-gläichheeten am Revenu am Joer 2020 an, souwäit dat méiglech ass, schonn ze wëssen, fir 2021, dass dës Ongläichheeten am Revenu zu Lëtzebuerg an der Pandemie net eropgaange si wéi a ville Länner, mee erofgaange sinn. An de Koeffizient Gini huet sech do vun 0,32 op 0,31 verbessert.

A sengem zweeten Deel huet de Rapporteur iwwer Sécherheet an Onsécherheet am Kontext vun der Pandemie geschwat, mee awer och am Kontext vun deem, wat an de leschten zwou Woche geschitt ass. An ech mengen, fir dat erëmzespigelen, wat vi-run zwou Wochen hei an der Chamber vum Premier-minister a vun lech alleguerte gesot ginn ass, mussu mer alles maachen, fir dass d’Sécherheet an dësem Land garantéiert bleift. Mir kënnen net ak-zeptéieren, dass ons Monumenter beschmotzt ginn, dass op dem Espace public randaléiert gött an dass d’Bierger bedrot ginn! An enger Demokratie, wou Meenungsfräiheet göllt a protégéiert gött, grad an esou enger Demokratie ass keng Plaz fir Gewalt!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Mir müssen alles maachen, fir de Rechtsstaat ze be-halen an d’Stabilitéit vun eisen Institutiounen ze sé-cheren. Alles dat hutt Dir, Här Rapporteur, an Ärem Rapport gesot. An ech wéilt lech dofir a fir all déi Virschléi, déi Der maacht, felicitéieren.

Ech kommen dann elo op d’Presentatioun vu men-gem éischten Deel mat deene fënnef Weeër, déi ech wéilt zeechnen.

Fir d’éischt de Wee, deen natierlech fir e Finanz-minister am wichtigsten ass: dee vu gesonde Staatsfinanzen.

Wéi ech am Dezember 2013 Finanzminister gi sinn, war d’Nohaltegkeet vun eise Staatsfinanzen net méi geséchert. D’Europäesch Kommissioun huet eis am November vun deem Joer eng Zensur ginn, déi gesot huet, dass mer, wann näischt géif ënner-holl ginn, d’Reegele vum Stabilitéitspakt net méi géifen anhalen. An ech mengen, dat ass wichtig, dass een dat nach eng Kéier ënnersträicht.

An haut, wéi sti mer haut do? Mee mir hunn eis en fait 2013 en Zil gi gehat, dass mer en fait net nëm-men d’Stabilitéitsreegele vun Europa wéilten anha-len. Mir hunn eis souguer eng additionell, méi streng Reegel ginn, dass eis Staatsschold ëmmer sollt ënner 30 % bleiwen, an natierlech, dass mer d’Reegelen anhalen.

A wéi ech lech virdru gesot hunn, huet d’Kommis-sioun ausgerechent, dass mir déi Reegele vum Sta-bilitéits- a Wuesstumspakt schonn 2021 wäerten anhalen. An dobäi wësst Der, dass eng Clause échappatoire de Moment göllt, dass an de Joren 2020, 2021 an 2022 jo d’Reegelen ausser Kraaft sinn, mee mir hu se da schonn 2021 erëm ageha-len. 2020 hu mir se natierlech wéinst der Pandemie net anhale kënnen.

An Dir gesitt, well ech konnt natierlech meng grouss Frëndschaft fir Grafiken hei net entbieren, och an dëser Ried e puer Grafiken. Dir gesitt op der Grafik Nummer 1, déi elo ageblennt gött, dass mir 2021 dat eenzegt Land an der Eurozon sinn, wat dee Stabilitéitspakt wäert anhalen.

Mir haten also e Risk, dass eis Staatsfinanzen 2013/2014 géifen aus dem Rudder kommen, a mir hunn dat ënnerbonnen, andeem mer 2014 ganz séier Mesuré geholl hunn. Dat waren e bësse Me-sure-d’urgencen. An dunn 2015, wéi Der lech all kënnt erënneren, hu mer den Zukunftspak ge-schnouert mat ronn 260 Mesuren, déi net all po-pulär waren. Ech froe mech, ob iwwerhaupt eng po-pulär war. Mee mir ware jo net do, fir populär ze ginn. Mir waren do, fir Problemer ze léisen. An dat hu mer du gemaach.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech erënneren drun, dass mer net nëmmen dat ge-maach hunn, well mer eng schwierieg Situatioun ha-ten. Mir haten och nach en Damoklesschwäert iw-ert dem Kapp, an dat war, dass mer d’TVA électro-nique géife verléieren. Déi TVA électronique huet an engem Joer wéi 2015 ronn 1 Milliard Euro ausge-maach. Dat heescht, mir waren op engem schlechte Wee a mir hunn 1 Milliard net riskéiert ze verléieren - mir hu se verluer! A mir wousste säit 2006, dass mer déi Sue géife verléieren. Et war also wierklech batter néideg fir ze handelen.

Ech wëll ënnersträichen, dass dunn iwwert d’Jore mam Zukunftspak an all deenen anere Mesuren, déi mer geholl hunn, eis Wirtschafts-lag sech verbes-sert huet. Ech krut oft, an ech wäert et och a menge Konklusiounen nach eng Kéier rappelléieren, gesot, dass d’Previsioun e fir d’Croissance, fir d’Recetten - ech krut et ëmmer gesot, haaptsächlech vun der Opposition natierlech, an dat ass och dat Nor-maalst vun der Welt, dass se dat ëmmer soen -, dass déi ze vill optimistes-ch wären an dass de Solde, dee virgesi wier, ze vill schéigemoolt wär.

Iwwer all déi Joren hutt Der gesinn, dass ech, an d’Regierung natierlech, eng Budgetspolitik gefouert hunn, déi virsiichteg war an de Previsiounen a vir-siichteg war an de Recetten, an doduerch d’Endre-sultat ëmmer besser war wéi ufangs gemengt. Léiwer et geet an déi Richtung wéi an déi ëmge-kéiert Richtung!

2018 hate mer en Iwwerschoss an eise Konten. 2019 ware mer am Equilibier. Dat war natierlech eng exzellent Ausgangspositioun fir d’Zukunft an natier-lech och eng exzellent Ausgangspositioun, wéi d’Pandemie komm ass, déi natierlech kee konnt vir-ausgesinn.

Den zweete Wee, deen ech wëll hei molen, andeem ech zrëckkucken, ass natierlech de Wee a Richtung Transparenz - Transparenz a Steiersaachen. De Standuert Lëtzebuerg war 2013 net gutt opgestallt. Mir kruten 2013, dat heescht no de Wale vum Okto-ber 2013, am November vum Forum mondial eng Datz, wéi een dat op gutt Lëtzeburgergesch seet. Op Englesch heescht dat „non-compliant“. Dat war e Chantier, dee war fir all Mënsch, mengen ech, oner-waart, well mer den Échange d’informations sur de-mande net no de Reegele gemaach hunn.

Et muss een och haut am Réckbléck soen: Mir ha-ten do Praktiken, Här President, déi net méi ze ver-triede waren an déi dem Image vun eisem Land

weltwäit geschuet hunn. Mir hunn zwee Joer ge-braucht, fir kënnen vun där Schwaarzer Lëscht do erofzekommen. An ech wëll do ënnersträichen: Et huet zwee Joer gedauert, net well mir net séier ge-handelt hunn, well wann ee bis op der Schwaarzer Lëscht ass, muss een emol d’Reegelen alleguerten änneren, déi ee muss änneren. An dann dauert et nach ee Joer, bis d’OECD dat wouerhëlt an een erof-hëlt. Dat heescht, mir sinn an enger Rekordzäit par rapport zu all anerem Land erofkomm, mee mir wa-ren zwee Joer op där Schwaarzer Lëscht.

Wann ech lech ee Message ka loosse fir d’Zukunft: Mir müssen alles maachen, fir ni méi op eng Schwaarz Lëscht ze kommen!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Mir hunn dunn, an dat hu mer natierlech als Regierung decidéiert, am Mäerz 2014 decidéiert, an de Premierminister huet dat am Conseil européen an-noncéiert, dass mir eis géifen der Direktiv iwwer Échanges d’informations, der Direktiv iwwert d’Be-steuerung vun der Epargne net méi géifen opposéie-ren. An dat war emol eng gutt Saach.

Ech hunn zu Berlin am Oktober 2014 gréng Luucht ginn, dass Lëtzebuerg deen Echange vun Informa-tioun e géif weltwäit maache mat deene Länner, déi déi Konventioun géifen ënnerschreiwen. Dat war am Oktober 2014. An ech mengen, et ass nach wichteg, sech ze erënneren, firwat dat wichteg war. Firwat? Well ee Mount duerno ass de LuxLeaks komm. A gottseidank hate mer schonn déi éischt Schrëtt ënnerholl. Dat huet eisem Wëllen an eiser Determinatioun, fir dann nom LuxLeaks aner Poli-ticken ze maachen, Kredibilitéit ginn, déi mer soss warscheinlech net gehat hätten.

Mir hunn dunn an der Fiskalitéit iwwer all déi Jore proaktiv matgeschafft. Mir hunn d’Reegele vu BEPS ëmgosat zesummen an Europa. Mir hunn och nom LuxLeaks a manner wéi engem Joer ënner Lëtze-burger Presidence am ECOFIN den Échange auto-matique vu Rulinge kënnen verhandelen an eis do-mat och um europäesche Plang eng nei Kredibilitéit ginn.

Haut kënnt eng additionell Transformatioun vun der Steierlandschaft mat deem Accord, deen d’OECD an de G20 geholl huet, fir d’Besteuerung vun de groussen Entreprisé méi gerecht ze maachen a fir en Taux effectif minimum vu 15 % weltwäit anze-féieren. Lëtzebuerg ënnerstëtz’t déi Initiativ an déi wäert och am Laf vum nächste Joer op europäe-scher Basis ëmgosat ginn.

Duerch déi Efforten ass eis Attraktivitéit natierlech e bëssem a Fro gestallt ginn, op där enger Säit wéinst natierlech deene Lacunnen, déi mer haten. A Verschiddener hunn - muss ech lech och ganz kloer soen - gesot, dat wär e Feeler, fir do déi Change-menter ze maachen.

Haut, mengen ech, si mer eis all eens, dass et gutt war, dass mer 2014 an 2015 déi Changementer ge-maach hunn. En fait sti mer haut besser do als Fi-nanzplaz wéi gëschter. An dat soen ech net ..., ech mengen, mir haten elo eng Experienz mam Brexit, wou mer en Test grandeur nature gesinn hunn, wéi attraktiv Lëtzebuerg ass als Finanzplaz. Mir hu méi wéi 90 Acteure gehat, déi sech hei entweeder ver-stärkt hunn oder nei niddergeloos hunn.

An dofir kann ech lech soen: Eis Finanzplaz steet haut besser do wéi virun aacht Joer. Si ass ge-stärkt a si huet gutt Perspektiven, och well mer vill Efforte gemaach hunn am Domän FinTech.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Den drëtten Aspect, deen ech wëll belichten, ass deen: de Wee an d’Steiergerechtegkeet a fir méi Kaf-kraaft.

2017 hu mer eng Steierreform ëmgosat, déi 2016 hei gestëmmt gi war, där hiert Zil et war, déi niddreg Gehälter an d’Mëttschicht ze entlaaschten, ouni den Triple-A a Fro ze stellen an ouni eis Staats-finanzen ze schwächen. Haut wësse mer, dass dat gelangen ass. Dës Steierreform hat och e sozial ge-rechte Fuedem, dee sech am beschten erëmfënnt an dem Aspect vun der Schafung vun engem sozial gerechte Steierkredit. Mir hunn dee Steierkredit sozial gerecht gemaach zum engen an hunn e ver-duebelt vun 300 op 600 Euro a fir d’Monoparentalle verduebelt vu 750 op 1.500 Euro.

Doduerch, dass mer dat gemaach hunn, hu mer na-tierlech all deenen, déi méi schwaach opgestallt sinn, gehollef, an nëmmen deene gehollef, well dee Steierkreditt ass verluer gaange fir déi, déi iwwer e gewëssene Revenu sinn. Mee an der Steierreform hunn déi allermeescht Leit eppes bäikritt, well mer och d’Steiertabell an Tranchen an d’Längt gezunn hunn, soudass ënnert dem Stréch jiddereen erlich-tert ginn ass, mee natierlech déi schwaach Reve-nuen am meeschten. An doduerch, dass mer dat Instrument vum Steierkreditt haten an elo hunn, ass et méiglech, Steierreformen ze maachen, déi effi-kass sinn a manner deier kaschten.

De Käschtepunkt vun där Steierreform war och ëm-mer Diskussiounsstoff. E war ageschat gi vun der Steierverwaltung, kann ech mech erënneren, zwë-





schent 300 an 350 Milliounen. Schlussendlech am Réckbléck huet se der 425 kascht a si kascht der haut, well dat geet jo alles ëmmer weider, 570. Dir gesitt, den Ordre de grandeur war verstänneg.

Mir sinn awer net do stoe bliwwen. Mir hunn och fir d'Entreprises eppes gemaach. Do ass den Taux vun 21 % op 19 % an dunn op 18 % erofgaangen. Dir wësst, dass e spéider och nach op 17 % erofgaangen ass.

Ech erënneren och drun, fir nach ëmmer bei de Steieren ze bleiwen, dass mer 2019 de Mindestloun ëm netto 100 Euro an d'Luucht gesat hunn, an dat hu mer och gemaach, andeem mer e spezielle Steierkredit fir de Mindestloun gemaach hunn. Dir gesitt hei erëm: Dat Instrument huet eis do geholf.

Mir hunn och d'lescht Joer, an dat gött ze vill oft vergiess, 22 Mesuré geholl am Domän vun der Fiskalitéit. Ech zielen do zum Beispill op: Fonds d'investissement spécialisés. Ech ginn net op all déi aner Saachen an, dat wär ze laang. Ech wëll och ënnersträichen, dass mer d'CO<sub>2</sub>-Steier agefouert hunn an en parallèle de Steierkredit vu 600 op 696 Euro eropgeschrafft hunn. An dat ass déi beschte Manéier, fannen ech, fir d'CO<sub>2</sub>-Steier ofzefiedere bei deene Leit, déi et brauchen, bei de kleng Reve-nuen.

D'OECD-Chefekonoministin Laurence Boone huet mech, huet eis, Lëtzebuerg, gelueft, dass mer esou en Instrument hunn. Si huet sech souguer interesséiert erkläert fir ze wëssen, wéi dat bei eis funktionéiert. Well si seet, dat ass en ideaalt Instrument fir en parallèle vun enger Erhéijung vun den CO<sub>2</sub>-Steieren ze hunn.

Dës Steiererlichterungen - an ech ginn elo net op d'Zifferen an, op d'Zuelen an - hunn natierlech d'Kafkraaft vun de Leit erhéicht, mee d'Steiere kënnen net alles! Steieren ass een Deel, wéi ee kann hëllefen, mee et muss ee sozial Mesuren huelen, déi vum Budget erauskommen. An dat hu mer natierlech och gemaach.

An ech wëll och do erëm e kleng Réckbléck maachen, well mer och an der Tripartite e bëssen d'Gefüll haten, Här Premierminister, wéi wa Verschidder eis wéilte gleewen doen - dat wäerte se awer net fäerdegbréngen -, dass mer näischt gemaach hunn. An dofir soen ech lech elo schonn: Et gött eng laang Lëscht. Et ass e bëssen eng „liste à la Prévert“, déi ech hei maachen, mee ech muss dat onbedéngt haut hei maachen, an dat ass net, fir „politique politicienne“ ze maachen, well dorëms geet et jo net. Et geet hei drëms, ze soen, wat fak-tuell geschitt ass!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Also mir hunn - an ech sinn hei vläicht net ëmmer ganz prezis mat de Joren, mee et geet ëm d'Mesuren - Saachleeschtinge gemaach a mir hunn natierlech pecuniaire Leeschtunge gemaach. Mir hu gratis Schoulbicher agefouert - 300 Euro mécht dat d'Joer fir ee Kand -, gratis Betreierung an der Crèche. Dat ass fir eng Famill, déi Kanner huet, pro Kand eng Erliichterung vu 5.500 Euro d'Joer. Mir hunn de gratis ëffentlechen Transport agefouert als éischt Land an nach eenzegt Land op der Welt den 1. März 2020.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Dat ass fir e Menage en Erspuernis vu 500 Euro. Mir hunn den 1. Januar vun dësem Joer de Mindestloun ëm 2,8 % an d'Luucht gesat wéinst de Reegelen, déi et zu Lëtzebuerg gött. Do si mer eis eens. Mir hunn do net innovéiert. Dat ass eppes, wat mir an eiser Pratique hunn! Mee ech soen lech: Ech kenne keen anert Land op der Welt, dat dat huet!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Mir hunn och de REVIS 2,8 % an d'Luucht gesat. Mir hunn d'Indextranchen natierlech applizéiert, well d'Gesetz dat virgesäit.

Allkéiers, wann iwwer Inflation geschwat gött am ECOFIN, da kuckt d'Christine Lagarde a seet: „Dat ass e richtege Problem!“ Et gött nach just zwee Länner op der Welt, déi eng och automatesch Indexatioun hunn. Dat ass d'Belsch a Lëtzebuerg. An dann ass déi vun der Belsch net esou generéis wéi eis.

An natierlech hu mer dat gemaach. Dat ass gutt fir de soziale Fridden. Ech wëll domat hei net soen, dass dat net gutt ass. Ech wëll awer just ënnersträichen, dass dat dote stattfënn!

An déi lescht Augmentatioun vum Mindestloun, déi ass vill méi fréi komm wéi virgesinn. D'Hallschent vun der Erhéijung vun de Präisser, déi stattfonnt huet an déi den Index méi fréi declenchéiert huet, ass wéinst den Energiepräisser.

An all deenen anere Länner gött dat net kompenséiert oder et gött en eemolegen Honnert- oder Zweehonnert-Euro-Scheck gemaach, well d'Präisser héich sinn, an da geschitt näischt méi. Zu Lëtzebuerg gött eppes Nohalteses gemaach. Dat gött

permanent agefouert, déi Augmentatioun do. A wann an engem Joer, soen ech lech - wat ech eis wënschen -, d'Energiepräisser e bësse méi niddreg sinn, da schrauwe mir jo de Mindestloun net erof. Et sei denn, ech hätt d'Reegele falsch verstanen.

(*Hilarité*)

Nëmme fir et am Ordre de grandeur ze soen, ass de Mindestloun säit 2018, ob qualifié oder non qualifié, 10 % erofgaangen. Fir 2022 hu mer d'Allocation de vie chère ...

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.** - En ass eropgaangen!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Hunn ech „erof“ gesot? A nee!

(*Hilarité*)

Eropgaang! Tjo, dat wier elo ganz schlëmm gewiescht. Merci, dass Der gutt opgepasst hutt. Merci, Dan Kersch!

(*Hilarité*)

Wann et ëm de Mindestloun geet, dann ass den Dan Kersch ëmmer do!

(*Hilarité*)

Am Joer 2022 geet d'Allocation de vie chère elo ëm 200 Euro erop. Dat ass en Amendement budgétaire: 200 Euro erop. A mir haten d'Allocation de vie chère 2020 exceptionnellement wéinst der Pandemie verduebelt an dëst Joer 10 % eropgesat.

Wann een dat alles herno zesummenzielt, da gött dat ganz grouss Zuelen. Wann een elo d'Erhéijung vun der Allocation de vie chère hält, d'Indexéierung an dann och d'Kannergeld, vun deem ech nach net geschwat hunn, an d'Luucht setzt, da kënn ee bei engem Elengerzéiende säit 2019 - dat ass net laang hier -, säit zwee Joer, op eng Erhéijung vu méi wéi 1.000 Euro pro Joer. Dat ass säit 2019, do hunn ech déi gratis Schoulbicher an d'gratis Kannerbetreierung elo net dran. An engem Stot mat zwee Erwuessene mat engem onqualifizéierte Mindestloun ass déi Augmentatioun 2.300 Euro.

Wann ech elo nach beim Joer 2022 bleiwen, soen ech lech, dass mer jo och natierlech de gratis ëffentlechen Transport, mee och all déi Mesuré fir d'Elektromobilitéit bäibehalen, ob dat 8.000 Euro sinn, fir en Auto ze kafen, 600 Euro beim Kaf vun engem elektresche Vëlo oder 1.650 fir d'Ennerstëtzung vun elektresche Borne, wat méi eng nei Measure ass. Alles dat hu mer gemaach. A wa mer all déi Mesuren zesummenzielen, dann huet dat de Staat säit 2016 eng Milliard Euro kascht.

Ech wëll ganz kloer als Finanzminister soen: Ech bereien déi net! Et ass gutt, dass mer dat gemaach hunn. Mee dat muss awer unerkannt ginn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Dir kritt elo erëm - ech ginn awer séier driwwer ewech, well et si vill Informatiounen - dräi Grafiken, déi alles dat resuméieren, wat ech elo gesot hunn, wat säit 2017 geschitt ass.

Op der Grafik Nummer 3 gesitt Der, dass fir e Ménage monoparental, deen de Salaire social minimum non qualifié huet an ee Kand huet, all déi Mesuren, déi ech opgezielt hunn, ongeféier 10.000 Euro pro Joer ausmaachen.

Bei engem Menage mat zwee Kanner, déi e Revenu de base brut vu 5.000 Euro hunn, maachen déi Erliichterungen oder déi Mesuré 16.000 Euro d'Joer aus. A bei engem Menage célibataire, deen och de Mindestloun huet, bréngen dës Mesuren alleguerte 4.000 Euro Kafkraaft méi eran.

Dat si ganz héich Zuelen, déi grad an enger Period vun der Pandemie natierlech extreem wëllkomm sinn. Mee ech wëll awer ënnersträichen: Dir wësst jo, dass mer d'lescht Joer méi wéi 3 Milliarden Defizit an der Administration centrale haten. Et ass jo net, dass mer do am Geld geschwommen sinn. An et ass jo och net, wéi wa mer haut net, obwohl ech lech soen, dass mer hei déi beschten Zuele vun Europa hunn, nach ëmmer och en Defizit an der Administration centrale hätte vun iwwer enger Milliard fir dëst Joer an d'nächst Joer. Mir sinn nach ëmmer an enger schwiereger Zäit, mee mir gesinn d'Enn vum Tunnel.

An dann déi lescht Grafik 5: Pouvoir d'achat. Déi huet och de Minister Franz Fayot, de Wirtschaftsminister, an der Tripartite gewisen.

De Resümmee vun all deene Mesuré gesitt Der natierlech op där Grafik, op där Der gesitt, dass grad an deenen zwee, dräi leschte Joren de Pouvoir d'achat réel, dat heescht inflatiounsberengegt, zu Lëtzebuerg an d'Luucht gaangen ass.

Ech kommen dann elo zu mengem véierte Wee: de Wee aus der Pandemie eraus.

Och dat, an ech mengen, dat wäert kee mer iwwelhuelen, ass net eng Selbstverständlechkeet, dass een an enger Minutt driwwer ewechgeet, wéi wann näischt geschitt wier. Mir hunn hei Milliarde mobiliséiert, well et och guer net anescht gaangen ass. Mee mir hunn awer vill gemaach a mir hu war-

scheinlech och hei vill méi gemaach wéi all anert Land, mat deem mer eis normalerweis vergläichen.

Firwat hu mer et gemaach? Als Éischt natierlech, fir d'Gesondheet vun eise Bierger ze garantéieren, zweetens, fir d'Ekonomie ze stabiliséieren, drëtens, fir d'Aarbechtsplazen ze schützen, a véiertens natierlech, fir d'Kafkraaft vun de Leit ze erhalen.

Déi véier Punkte fanne mer dann och erëm. Ech fänken un natierlech mat de Moyenen, déi mer eis ginn hu fir de Gesondheetssystem. Mir hunn dat néidegt Material ugeschaaft. Mir hunn déi néideg additiounell Infrastrukturen en place gesat. Ech zitéieren: eng Cellule logistique. Ech zitéieren: Maske kafen, vum Staat gratis ausgedeelt wéi menges Wëssens a bal kengem Land op der Welt. D'Masken eleng hu mer eis 13,7 Milliounen kaschte gelooss. Mir hunn eng Réserve sanitaire opgestallt mat 1.500 Leit. Mir hunn de Large-Scale-Testing gemaach virun all anere Land op der Welt. Do ware mer Pionéier. Do hu mer och e Risk geholl. Mee dat huet eis erlaabt, d'Infektiounswellen ze briechen. An et huet eis erlaabt, eng Confinementspolitik ze maachen zu Lëtzebuerg, déi vill manner streng war wéi an all deenen anere Länner. Dat war e gudden Investissement!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - D'Regierung huet, global gekuckt, säit dem Ufank vun der Pandemie, also fir dës Gesondheitsmesuren, 390 Milliounen Euro mobiliséiert. Mir hunn och esou vill Impfstoff kaf, wéi mer es konnte fannen - bis elo 1,27 Milliounen Dosen. Ech weess, de Premierminister lauschtert do ganz gutt no, well hien ass do deen, deen dat am akribeschste kuckt a sech immens asetzt, an ech felicitéieren him dofir, fir dass mer, wou et och ëmmer méiglech ass, Impfdossisse kréien, fir e Käschtapunkt vu ronn 13 Milliounen bis haut.

Mir hunn natierlech och Hëllef gemaach, fir ze evitéieren, dass eng Rëtsch Firmae Faillite géife maachen. Mir hunn dat net eleng zu Lëtzebuerg gemaach. Vill Länner hunn dat gemaach. Déi wichtegst Mesure do ass natierlech de Chômage partiel. Deen ass 2020 opgemaach gi fir praktesch all d'Secteurs vun der Ekonomie, wat virun iwwerhaapt net méiglech war an iwwerhaapt net virgesi war.

A mir hunn och decidéiert, dass de Remboursement vun 80 % vum Salaire, deen d'Reegel ass, beim Salaire minimum soll 100 % ginn. Also een, deen de Mindestloun huet an am Chômage partiel ass, verléiert näischt. Dat war eng nei Reegel an déi hu mer agefouert. Beim Coût vum Chômage partiel hu mer eng Bruttozuel an eng Nettozuel, well mer eppes agefouert hunn, wat ganz selten ass beim Staat. Mee wéinst der Urgence vun der Kris hu mer souguer de Chômage partiel par anticipation, also en avance, ausbezuelt. An do waren der natierlech, déi hunn dann ze vill kritt. Déi hunn dat misse rembour-séieren.

Den Dan Kersch sot mer virun e puer Deeg, dass awer déi Remboursementer op ganz, ganz héijem Niveau elo sinn, iwwer 94, 95 %.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.** - 98 %.

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - 98 % si rembour-séiert! Et ass och gutt ze wëssen, dass zu Lëtzebuerg d'Entreprises éierlech sinn, wann 98 % rembour-séiert gi sinn. Bon, et gött ëmmer e puer schwaarz Schof. Mir sinn nach net op 100. Mee verschidderer vun deenen Entrepris si jo warscheinlech och faillite gaangen. Mee soit, mir hunn also do eng Bruttozuel. An ech kann lech soen, fir elo net ze vill Zuelen hin- an hierzeschéissen, dass de Chômage partiel netto säit dem Ufank vun der Kris 810 Milliounen op déi zwee Joer bis haut kascht huet.

Mir hunn awer och geziilt Aidë fir d'Entreprisé gemaach. Och hei dann d'Montanten: d'Direktiden - dat waren déi, déi an den éischte Méint ausbezuelt gi sinn - fir 105 Milliounen, de Fonds de relance et de solidarité, iwwert déi zwee Joer gekuckt, fir ronn 260 Milliounen an d'Avance-remboursabelen iwwert déi zwee Joer fir ronn 175 Milliounen.

Ech erënneren nach un d'Moratoiren, déi relativ séier ëmgosat gi sinn, bei deenen d'Banken hiren Deel, hir Roll och gespillt hunn. Hinnen och dofir merci. Si waren an dëser Kris en Deel vun der Léisung an net wéi 2008 en Deel vum Problem.

Déi Mesuren alleguerte si ganz wäertvoll an hunn natierlech eiser Ekonomie geholfel.

Ech wëll awer hei och nach e Message maachen, dee mer ganz wichteg schéngt: D'Impfen hëlleft natierlech der Gesondheet vun de Leit, mee d'Impfen hëlleft immens der Ekonomie! Wa mer net genuch impfen, da kréie mir e risegen ekonomesche Schued, net nëmme mir, mee all déi Länner, wou dat net geschitt. An ech brauch lech jo net ze molen, wat fir eng Defiziter mer d'lescht Joren haten. Wann een erëm misst an e Lockdown goen ... Wat mer méi impfen, wat d'Leit sech méi impfe loosse, wat de Risk vun engem Lockdown an d'Ferne geréit an dësen iwwerhaapt net méi néideg ass.

Op enger perséinlecher Nout, ech huelen déi ganz op mech, wéll ech lech soen: Ech versti Leit, déi aus enger grousser Rëtsch vu Grënn soen: „Ech wëll mech net impfe loosse, well ech hunn eng aner Meinung.“ Dat respektéieren ech. Mee wat ech net verstinn, ass, dass ee sech ka moies an de Spigel kucken a sech soen: „Doduerch, dass ech dat maachen, sinn ech méi ustiechend. Ech kann een ustiechen, dee muer schlëmm krank gött oder muer stierft.“ Wéi een dat ka moies am Spigel maachen, verstinn ech net!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Wann ech dann elo alleguerten déi Mesuren zesummenzielen, fir d'Aarbechtsplazen ze retten, fir d'Entreprises ze ënnerstëtzen an natierlech alles, wat ech virun iwwert d'Gesondheet gesot hunn, da komme mer zu Lëtzebuerg op e Käschtapunkt, iwwer zwee Joer gekuckt, vu bis elo 2,3 Milliarden Euro. Dat ass proportionell dat meescht vu ganz Europa, warscheinlech vun der ganzer Welt. An dat war och doduerch méiglech, dass mer eng gutt a gesond Ausgangspositioun virun der Pandemie hatten.

Mir sinn awer och eent vun de Länner, dat am séiersten aus der Kris erauskomm ass. Dir wësst, dass mer d'lescht Joer nëmme minus 1,8 % Chute vum PIB haten, woubäi d'Moyenne vun Europa bei 6,5 louch. A mir hu schonn am Ufank vun 2021 besser Zifferen, besser Zuele geschriwwen, wat de Wuess-tum ubelaangt, wéi aner Länner.

Haut, fir 2021, gesäit de Statec souguer eng Croissance vu 7 % vir, am plaz 6, déi virgesi waren. Alles dat bestäetgt, dass eis Ekonomie gesond ass. A loosse mer eis hei och näischt virmaachen: Den Travail huet eis ganz vill geholfel an all deenen Domänen, wou och Travail méiglech ass, well en an de Services natierlech méi ëmsetzbar ass wéi op anere Plazen. An dat ass natierlech och eiser Finanzplaz zeguttkomm.

Mir gesinn natierlech och d'Resultat vun där gudder Wirtschaft an de Recetten. Ech hat ganz am Ufank e Wuert driwwer gesot. Mir hunn elo, op haut gekuckt, op den 30. November, dat heescht, no eelef Méint, 103 % vun de Recetten erakrut par rapport zum Budget voté. Dat heescht, mir hunn an eelef Méint méi erakritt, wéi mer geduecht hätten, dass mer géifen am ganze Joer erakriien. An ech kann dofir schonn de Pronostic maachen, wa mer elo nach den Dezember derbäisetzen, dass mer um Enn vum Joer op d'mannst ronn 10 % méi Recettë wäerten hu wéi dat, wat virgesi war.

Dat ass natierlech eng gutt Nouvelle an dat erkläert och, firwat d'Kommissioun gesot huet, dass mer warscheinlech dëst Joer am Gesamtstaat an der Administration publique eng schwaarz Null schreiwen. Mee mir vergiessen awer net, dass mer an der Administration centrale, wat mer op Lëtzebuergesch „Zentralstaat“ nennen, fir dëst Joer an d'nächst Joer nach warscheinlech iwwer eng Milliard Defizit hunn.

De Kampf géint d'Pandemie ass leider net fäerdeg. Ech sinn och frou, dass d'Gesondheitsministesch haut hei ass, well mir hu ganz vill do gemaach a mir si leider nach net fäerdeg. Mir wäerten och déi néideg Moyene weider mobiliséieren, sou wéi eis all Experten an all international Organisatiounen dat uroden an esou wéi mir dat souwisou zu Lëtzebuerg géife maachen.

Ech freeë mech och dofir, Här President, dass mer an der Tripartite e Méinden decidéiert hunn, déi Hëllefsmesurë vum Chômage partiel, vun den Aides de relance an den Aides pour coûts non couverts op jidde Fall bis an de Februar widerzeféieren, wat net virgesi war, well jo gehofft war, dass mer méi séier aus der Pandemie géifen erauskommen. An ech sinn och frou, dass mer dat decidéiert hunn.

Ech kommen dann op de leschte Wee, de fënneften: de Wee an d'Zukunft.

Do gött et vill Incertituden. Ech gi just Stéchwierder: héich Inflation, den neie Virus Omikron, geopolitesch Tensiounen, déi leider, fir déi, déi d'Aussepolitik verfolgegen, op ville Plaze vun eiser Äerdkugel ëmmer méi héich ginn. En fait, esou wéi den Héraclite et richtig gesot huet: „Dat eenzegt, dat stabel ass op der Welt, ass de Changement.“ An dofir brauch een dann an der Budgetspolitik, an der Finanzpolitik Disziplin a Visioun.

Dofir hu mir strukturell Reforme gemaach a qualitativ héich Investissementer. Ech mengen, dass déi qualitativ héich Investissementer dës Regierung an déi viregt wierklech auszeechnen.

2014 louchen eis Investissementer bei 3,4 % vum PIB. Si leien haut, siwe Joer duerno, bei 4,5 % vum PIB, also par rapport zum PIB. Ech huelen hei net d'absolutt Zuelen. An domat hunn ech dat, wat den amerikanesche President „Build Back Better“ genannt huet, e bëssen ëmgedeeft, well ech wëll net zrëckkucken. Ech nennen dat „Build Forward Better“.

(*Hilarité*)

Domadder séchere mer déi duebel Transitioun: déi gréng, klimabedéngt Transitioun an natierlech d'Di-





gitalisatioun vun eiser Wirtschaft. Ech géif, an dat ass och eng perséinlech Nott, derbäisetzen - ech hunn och der Kommissärin McGuinness dat dës Woch gesot, déi hei zu Besuch war an zoustänneg ass fir d'Services financiers -: Mir sollten an Europa ufänken, net méi vun duebeler Transitioun ze schwätzen, mee vun engem mageschen Dräieck. Deen een Dräieck ass déi gréng a Klimatransitioun, deen aneren, déi aner Säit vum Dräieck, ass d'digital Transitioun an déi drëtt ass soutenabel Finanz, gréng Finanz. Ouni eng responsabel a gréng Finanz-welt packe mer déi zwou Transitiounen net!

An et ass, mengen ech, falsch, ze mengen, dass einfach d'Finanz do ass, fir alles ze maachen. D'Finanz selwer muss sech transforméieren. Mir musen d'Portefeüllë vun den Investitiounsfonge méi gréng, méi nohalteg maachen. D'Banke selwer musen d'Prioritéiten do setzen, fir Saachen, déi net dem Klima hëllefen, Saachen, déi dem Planéit schueden, manner ze finanzéieren.

Dir héiert mech, ech soen net, „net méi“ ze finanzéieren, mee „manner“ ze finanzéieren a lues a lues op Null ze kommen. Mir mussen hei eng Transitioun organiséieren. An et ass d'Responsabilitéit vun de Banken, vun den Acteurs financiers, fir d'Transitioun ze maachen. Dat, wat d'Banken nach ëmmer als Geschäft gemaach hunn, ass de Court terme an de Long terme mateneen ze verbannen.

A Lëtzebuerg ass do gutt placéiert an Europa ass do Virreider an all deene Krittären, déi do musse gebraucht ginn. Et muss een natierlech evitéieren, Saache gréng unzesträichen, déi net gréng sinn, also de Greenwashing verhënnere. A mir mussen effektiv déi néideg Capitalen an Europa mobiliséieren.

Ech war d'lescht Woch fir d'lescht dann am Eurogroup am ECOFIN an hunn och dofir der Kommissioun an den État-membren e ganz einfache Message gelooss: Mir missten de Pacte de stabilité et de croissance ëmbenennen, well e Pakt, dee fir d'éischt op d'Stabilitéit kuckt, dat ass net e gudde Message. An e Pakt, deen op d'Wuert „croissance“ insistéiert, insistéiert a mengen Aen net genuch op d'Qualitéit vum Wuesstum. Dofir hunn ech hinne proposéiert, mol kucken an e puer Joerzénngen, ob ech gelauschtert gi sinn: ...

#### (Hilarité)

... „de Pakt fir den nohaltege Wuesstum a Finanzstabilitéit“. Mee mir mussen den Développement durable vir setzen!

Ech hunn och verteidegt, wat ech scho säit e puer Joer soen. Europa huet schwaach Investissementer gehat, public Investissementer a privater, an de leschten zwielef Joer. A mir mussen déi Lektione verhalen an elo no der Pandemie dee Feeler net nach eng kéier maachen.

Lëtzebuerg ass iwwregens eent vun deene rare Länner, dat dee Feeler net gemaach huet. Mee fir dat och ze encouragéieren, musse mer d'Reegele vum dann neie Wuesstumspakt, oder neien durabele Wuesstumspakt, esou maachen, dass Investissementer vum Staat, a ganz besonnesch déi, déi der duebeler Transitioun déngen, anescht berechent gi wéi lafend Käschen. Et läit op der Hand, dass een dat misst maachen. Ech kréie gesot, dass dat eis virun technesch Schwierigkeete géif stellen. Mee ech soe mer alt ëmmer: „Wo ein Wille ist, ist ein Weg.“

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ech kommen dann elo zum zweeten Deel vum Impakt vun den Amendementer op de Budget Déi sinn all vill méi kuerz, ech berouegen lech.

#### (Hilarité)

Ech fänken un, andeem ech nach eng kéier d'Foto nennen, déi ech fir de Cover gebraucht hat vun dem Deckel vun dem Budget 2022. Dir erënnert lech natierlech, dass ech Wäi ganz gären hunn. Dofir war jo och e Wäibierg drop. Mee dee symboliséiert gréng a soutenabel Investissementer. Mir haten e roude Fueдем dra fir d'sozial Depensen, déi 47 % duerstelle vum ganze Budget. A mir haten de bloen Himmel ouni däischter Wolleken.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Wann ee just zwou Zuele wëllt verhalen: Mir hunn Depensë vun 23,5 Milliarden a mir hu Recettë vun 22,3 Milliarden - 1,2 Milliarden Defizit.

D'Investissementer, ech hat se virdru scho genannt, leie bei 3,2 Milliarden a si klammen an den nächste Joren och nach weider. Vun deenen 3,2 Milliarde si 765 Milliounen Investissementer am Beräich Nohaltegkeet.

An dann hu mer d'Amendementer gehat a véier Kategorien: zum enge fir de soziale Volet, zweetens fir eng Relance an d'Solidaritéit, drëttens, fir e spezielle Fong ze maachen, deen ech nach erklären, an eng Measure am Beräich vun der Kultur.

De soziale Volet ass déi Allocation vie chère, déi d'nächst Joer ëm 200 Euro an d'Luucht geet. Déi

ass eréischt am Oktober vun der Regierung decidéiert ginn a war dann nach net dran.

An dann eng wichteg Measure: gratis lessen an der Kantinn fir Schoulkanner. Déi war och eréischt am Oktober vun der Regierung decidéiert ginn an déi kascht 11 Milliounen. Dat ass elo hei am Amendement virgesinn.

D'Reindexéierung vum Kannergeld réckwierkend op den 1. Oktober 2021, well do d'Indextranche spréngt, och dat ass da virgesinn. Dat war schonn zum groussen Deel virgesinn. De Coût dovunner: 22,3 Milliounen.

Fir de Fonds de relance et de solidarité, wat natierlech wichteg ass fir eis Entreprises, ass natierlech och eng Extensioun virgesi fir d'nächst Joer, vu dass mer jo nach net aus der Pandemie eraus sinn.

Déi drëtt Measure, de Fonds de dépôt fir all d'Eenheete vum Gesamtstaat, ass eng Innovatioun, déi bis elo nach net vill beliicht ginn ass an déi och zréckzeféieren ass op d'Demande vu verschidde Gemengen a verschidden Acteuren, déi wollten evitéieren, Negativzënsen ze bezuelen.

An do wéilt ech da menger Ekipp am Finanzministère Merci soen, well se do eng ganz innovativ Léisung fonnt hunn, fir e Fong ze maachen, an deem ee kann déi Liquiditéiten, déi een ze vill huet, stockéieren. An der Zäit, erënnere ech drun, wann ee Liquiditéiten ze vill hat, war ee ganz glécklech. Dann huet een do nach Interêten drop kritt. Haut, wann een ze vill Liquiditéiten huet, muss een Negativzëse bezuelen. Et wëllt kee se méi hunn. Ben, mir huele se dann an dee Fong an da kënne se do provisosesch stockéiert ginn an da kënne all déi Entitéiten déi Negativzëse spueren.

An dann hu mer nach e Remboursement, an dat ass dann am Kulturberäich, vu 50 % vun de Käschen, déi e Maître d'ouvrage an archeologesche Sitte virgestreckt huet, virgesinn.

All dës Mesuren hunn och en Impakt op de Plurianuel. Ech iwwerheefen lech net mat Zuelen. Dat ass alles gemaach ginn.

Elo kommen ech dann zu den Avisen vum Budget. Ech ginn och hei méi séier, Här President. Ech wëll do vläicht drop agoen, dass mer vun allen Institutiounen do natierlech Avisen kruten. An ech huelen dann dës Geleeënheet, fir dem Conseil d'État, der Banque centrale, de Chambre-professionellen alleguerten an dem CNFP, dem Conseil national des finances publiques, Merci ze soe fir déi Avisen iwwert déi lescht aacht Joer. Dat si ganz wichteg Contributiounen zur Transparenz vun eisem Budget an och eng Source vun Inspiratioun a vu Virschléi.

Bei dësen Avisen war eng kleng Problematik gewiescht, déi de Conseil d'État opgeworf huet bei de gratis lesse vun de Kanner an de Kantinnen. Déi hu mer geléist. Ech soen dat elo ganz rapid. Dat war mäin éischte Punkt.

Mäin zweete Punkt: Investissementer. Do hu mer e Konsens an eiser Gesellschaft. Dat huet all Institutioun begréisst an doriwwer freeën ech mech.

D'Chambre de Commerce ënnersträicht, dass nach méi Transparenz néideg wier fir d'ëffentlech Investissementer, fir ze garantéieren, dass se nohalteg sinn. Do si mer amgaangen, drun ze schaffen. De Sustainability Bond, dee mer d'lescht Joer gemaach hunn, ass do eng Pionéieraarbecht gewiescht. A mir sinn an der OECD an den Top 3 vun de Länner, déi déi Investissementer mat esou enger Schabloun kucken.

Ech kommen dann zum drëtte Punkt, wat d'Avisen ubelaangt: d'Staatsfinanzen. Och do herrscht, muss ech soen, e relativ grouesse Konsens, dass eis Staatsfinanzen an der Rei sinn.

De Conseil national des finances publiques, dee warscheinlech ëmmer dee strengsten ass, seet, dass d'Trajectoire mat de Reegele vun équilibréierte Staatsfinanzen iwwereneestëmmt.

D'Chambre de Commerce seet, dass se zwar fir verschidden Depensen net vill Verständnis huet oder dass se ze héich sinn. Ech war schliisslech eng kéier och do present an där Institutioun an do wollt ech op ee Punkt awer äntweren. Si ënnersträicht, dass mer beim Staat ze vill Leit d'nächst Joer wëlen astellen: 2.300. Ech mengen, mir assuméieren dat.

Mir assuméieren dat, well:

Éischstens: Mir wëllen dem Bierger e gudde Service sécheren - Punkt 1.

Zweetens: Eis Populatioun wisst. Och an der Kris hu mer nei Aarbechtsplaze geschaaft. An der Moyenne schafe mer alljoers 15.000 nei Aarbechtsplazen an eis Populatioun wisst ëm 2 %. Jo, da mussen de Staat an d'Gemenge jo nozéien zu engem gewëssene Punkt. Mir dierfen natierlech net iwwerdreien an d'Digitalisatioun hëlleft eis warscheinlech, dat ofzefiedereen zu engem gewëssenen Deel.

An dann hu mer do dräi Prioritéiten, déi ganz kloer affichéiert sinn:

D'Police. Ech brauch lech jo näischt ze molen, fir wat dass dat wichteg ass mat deem, wat geschitt ass.

Zweetens d'Schoulen. D'Populatioun wisst - méi Schüler, méi Proffen, méi Gebaier, méi Leit.

A mir mussen eiser Steierverwaltung ganz staark ënnert d'Äerm gräifen, well och do, mir hunn alljoers Dausenden an Dausenden Entreprisë méi, lauter Contribuabelen méi. Och do muss, zesumme mat der Digitalisatioun, déi Verwaltung ënnerstëtzt ginn.

Staatschold: Dir wësst, dass eise Krittär 30 % ass. An ech wäert lech och hei en neit Bild weisen, dat ass d'Grafik Nummer 6. Dozou seet dann de Conseil national des finances publiques: „Wa mer keng Pandemie gehat hätten, wär d'Staatschold haut op 17,5 % vum PIB amplat vu 27.“ Dat gesitt Der dann op der Grafik 6. Op der Grafik 6 gesitt Der och: Wann 2013, wéi déi nei Regierung komm ass, déi éischt Regierung vum Xavier Bettel ..., da wär déi gestréchelt Linn do no dräi Joer op 30 % gewiescht. Dat wär 2016/2017 gewiescht.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - A wou si mer haut? Majo, mir sinn haut ronderëm 27 %, bleiwen op deem Niveau an deenen nächste Joren, soudass mer eist Versprechen, eist Commitment anhalen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Et ass awer gutt, mat Grafiken ze schaffen, ne?

#### (Exclamations et hilarité)

Ech hunn nach eng lescht, dat ass awer déi lescht, déi ech lech undoen. Wann Der op d'Grafik 7 kuckt ...

#### (Interruption et hilarité)

Besser geet et net, jo.

D'Grafik 7 ...

#### (Interruption et hilarité)

Ech kommen, Här President, op d'Grafik 7. Do gesitt Der eise Scholdebiereg, deen awer nach am internationale Verglach, därfe mer jo net vergiessen, ganz gutt ass. Zwëschent 2008 an 2013 mat der éischter Kris ass eis Dette ëm 14 % eropgaangen. An der Period 2014-2019 huet sech eis Schold stabiliséiert an natierlech ass eis Schold an deene leschten zwee Joer ëm 4,7 % eropgaangen. Ech kann lech soen: Vu d'Ampleur vun der Pandemie an der Urgence, déi déi mat sech bruecht huet, an d'Imprevisibilitéit, ass dat scho remarkabel, dass mer dat mat ronn 5 % gepackt hunn. A mir sinn do och am internationale Verglach - am europäeschen op jidde Fall - déi, bei deenen d'Schold am mannsten eropgaangen ass!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Konklusioun, Dir Dammen an Dir Hären: Ech hunn am Ganzen, wann een och déi zwee technesch Budgeten zielt, zéng Budgeten hei presentéiert. Ech krut oft gesot, dass d'Zuelen ze vill optimisteschen sinn, d'Perspektiven net realistesch an dass mer d'Schold net am Grëff hätten. Ech mengen, ech hunn haut mat de Grafike gewisen, dass dat net wouer war, déi Kriticken net berechtegt waren. An de Conseil national des finances publiques an aner Acteure si jo enger Meenung, dass eis Staatsfinanze grosso modo an der Rei sinn.

Dat freet mech ganz besonnesch an deem Moment, wou ech jo de Schlëssel vum Finanzministère menger Nofollgerin, dem Yuriko Backes, iwwerreechen. Ech kann dat mat engem rouege Gewësse maachen.

D'Pandemie ass och nach net ganz eriwwer. Si wäert eis och nach eng Zäit beschäftegen. A mir mussen eis dorops virbereeden an dat wäerte mer och maachen.

Dem Yuriko Backes wënschen ech alles Guddes. Ech hu voll Confiance, dass si dat ganz gutt steme wäert. Ech kenne si scho bal 25 Joer an et ass eng Freed, mat hir ze schaffen. Dat soen ech lech och hei an der Chamber. Dat ass wierklech eng remarkabel Persoun a si geet aus mat de beschte Staatsfinanzen aus Europa.

Ech géif gären zum Schluss dem Premierminister an de Regierungskollegen, déi och bal all do sinn, wat mer immens vill Freed mécht, Merci soe fir d'Kooperatioun an d'Vertrauen iwwert all déi Joer, aacht Joer.

Ech wëll vläicht haut meng perséinlech Hitparad - déi ech net mat hinnen opgestallt hunn, mee bei där ech hoffen, dass se grosso modo d'accord sinn - vun deene fënnef wichtigste Saache maachen oder deene Saachen, déi mir am meeschten um Häerz leien. Dat huet natierlech de Biais vun engem Finanzminister. Mee wann et de Finanzen gutt geet, da geet et dem Land gutt an da geet et och alle Ministere gutt.

#### (Hilarité)

Déi éischt ass d'Finanzstabilitéit an den Triple-A. Déi zweet ass déi héich Investissementspolitik. Déi drëtt Saach, déi mer um Häerz läit - dat hunn ech och haut vill ënnerstrach -, dat ass de sozial gerechte Steierkredit. Déi véiert ass de verbesserte Ruff vun eisem Land a vun eiser Finanzplaz dank alle Changementen, déi mer gemaach hunn. An déi fënnef, dat iwwerrascht lech vläicht, ass de gratis ëffentlechen Transport.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ech géif gären lech, Här President Fernand Etgen, Merci soen an Ärem Virgänger - wou ass en? Ech soen em awer Merci, en huet dat ëmmer gutt gemaach -, dem Mars Di Bartolomeo, Merci soen. Ech géif gären de Koalitionspartneren, den dräi Koalitionsparteien, e grouesse Merci soe fir déi éierlech an awer och exigent an heiansdo ermiddend Zesummenaarbecht.

#### (Hilarité)

Ech wëll deene 60 Deputéierte Merci soe fir déi Kooperatioun iwwert déi aacht lescht Joer. Dir 60 hutt d'Souveränitéit an d'Zukunft vum Land an Ärer Hand. Lëtzebuerg ass eng sozial gerecht Gesellschaft an eng Pärel um Planéit. Passt gutt op eist Land op!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

#### (Applaudissements)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Finanzminister Pierre Gramegna a soen am Numm vun eis alleguer Merci fir d'Mercien a wënschen him all Guddes fir d'Zukunft!

## 4. 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 [...]

## 7879 - Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025 (suite)

D'Chamber fänkt elo u mat den Debatten iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2022 an iwwert d'Programmation financière pluriannuelle. D'Riedezäit ass nom Modell 6 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här Gilles Baum, den Här Georges Engel, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Nathalie Oberweis, den Här Sven Clement, den Här André Bauler, den Här François Benoy an den Här Max Hahn. An d'Wuert huet elo deen éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Wäibierg, eng rout Linn an e bloen Himmel. Esou huet de Finanzminister Pierre Gramegna den 13. Oktober de Budget vun dem Joer 2022 hei an der Chamber virgestallt. An ech schwätzen an den nächste 50 Minuten zu dem Budget. Ech kommen awer net derlaanscht, op eenzel Punkte vun dem Finanzminister sengem selwer gemaachten historiesche Réckbléck anzegoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss soen, déi idyllesch Foto op dem Deckel vun dem Budget ass flott. Eis Musel ass schéin.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Den Himmel, wann e blo ass iwwer Lëtzebuerg, ass och flott, och wann en op dem Budgetsdeckel awer e bësse bleech gereden ass. Mee ech muss awer och grad esou daitlech soen: Wann ech den Deckel vun dem Budget ëmdréinen a wann ech hannert dee blo-rout-gréng Marketing kucken, wéi mer en och elo nach während enger Stonn presentéiert kruten, da gesinn ech awer, dass hannert den Zuele méi Schäin ass wéi Substanz oder, aneschtens ausgedréckt, méi Usproch wéi Wierklechkeet.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Méi Schäi wéi Substanz ass och d'Ried vum Finanzminister gewiescht den 13. Oktober - gradewéi déi vun haut -, an där e kloer gesot huet: „Eise Wee aus der Kris“. Leider entsprécht och do den Usproch net der reeller Wierklechkeet vun de Leit. An heiansdo - muss ech ganz éierlech soen - hu mer den Androck, wéi wann dës Diskrepanz zum wierkleche Liewe vun de Leit, a virop vun der Mëttelschicht, vun dëser Regierung a Majoritéit net méi richtig géif gesi ginn.

Dat dréckt sech eigentlech am beschten doran aus, wat d'Gewerkschaften - ech soen „all d'Gewerkschaften“ - gesot hunn als Resultat vun der Tripartite virun zwee Deeg. Dat war net d'CSV, mee dat ass dat gesamt Bollwerk vun de Gewerkschaften. A wéi hu se dat betitelt?: „Tripartite - eine Nullnummer!“ „Eine Nullnummer“, Dir Dammen an Dir Hären! Grad an enger Zäit vun enger Pandemie! Grad an enger Zäit, wou d'Energiepräisser nëmmen esou an d'Luucht ginn! Grad an enger Zäit, wou d'Logementspräisser reegelrecht explodéieren! An do ass





keng Visioun vun engem gesonde Sozialdialog an et ass och keng Sozialkohäsïoun, déi hei nach richteg spillt.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Well wéi kann een einfach esou behaapten, et hätt een de Wee aus der Kris?! Ech soen lech riicht eraus: Mir gesinn zwar kloer eng Kris, mee beim beschte Wëllen awer kee Wee aus där Kris.

A wat mer allerdéngs leider och an dem Budget ganz kloer gesinn, dat ass e Budget ouni Projet an och e Budget ouni Visioun. Dat ass carrement e Budget vun dem politesche Stëllstand, esou wéi den Etat ass vun dëser Regierung. E Budget eigentlech vun net agehalene Versprieche aus dem Koalitiounsaccord. An da verblatzt déi dach schéi Coverfoto op dem Deckel vun dem Budget nach méi.

Well trotz grénger Faarf, Dir Dammen an Dir Hären, weist eis dëse Budget kee gangbaren a pragmatesche Wee fir méi Klimaschutz. Trotz rouser Linn weist eis dëse Budget keen effikasse Wee fir eng méi gerecht Gesellschaft mat manner Aarmut a mat méi sozialer Gerechtegkeet. An trotz bloem Himmel weist eis dëse Budget wierklech um Horizont keng Perspektiven.

Keng Perspektiven, Dir Dammen an Dir Hären, scho guer net fir déi breet Mëttelschicht hei an deem Land, well si ass ëmmer méi de grouse Vergiesene vun dëser Regierungspolitik. An dobäi brauch grad elo - an d'Gewerkschaften hunn et nach eng Kéier ënnerstrach - déi breet Mëttelschicht, an net eréischt Mokuchsdag, eng substanzuell Entlaaschung. Déi breet Mëttelschicht brauch grad elo méi Kafkraaft. A vun deene Schwächsten aus eiser Gesellschaft emol guer net ze schwätzen!

An dat ass grad de Fall bei engem Budget fir d'Joer 2022, also de Budget virun dem Superwaljoer 2023.

Dir Dammen an Dir Hären, grad elo misste mer e Budget hu vum Schaffen, e Budget vun de grouse Projeten, e Budget vun de Resultater vun agelëiste Versprieche aus dem Koalitiounsaccord. Mee och hei leien Uspréch a Wierklechkeet wäit auserneen, soudass dëse Budget éischter e Budget ass vu verpasste Chancen, vu verpasste Geleeënheeten a virun allem vun enger verpasster Politik; wéi d'Gewerkschaften et gesot hunn, virgëschter an nach haut de Moien: „eng Nullnummer“.

An dat ass grad dramatesch an enger Zäit, wou d'Leit eigentlech missten d'Hand gereecht kréie fir de Wee aus der Kris, och fir aus enger ganz perséinlecher Kris vun hinne selwer. Dat Ganzt ass net gutt fir eist Land. An dat anert: Dat Ganzt ass och net gutt fir d'Leit an eiem Land a virun allem net fir d'sozial Kohäsïoun. Dir hutt gesinn, wat déi lescht 14 Deeg hei am Land lass war.

Zu den Zuelen: Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, e bëssen anzegoen op dat finanziellt Hamster-rad, an deem sech eist Land dach befënnt. An erlaabt mer do e klengen Exkurs ze maachen iwwert d'Stabilitéit vun onse Staatsfinanzen. Eng Stabilitéit vun eise Staatsfinanzen, déi besonnesch wichteg ass fir e klengt Land mat enger oppener Economie. Eng Stabilitéit, déi eng zentral Roll an engem Land wéi Lëtzebuerg spillt, wou mer, dach mat allem Houfer e Budget hunn, dee vill méi kleng ass wéi dee vun eisen Nopeschlänner.

Jo, e puer Zuelen: Eise PIB, de Wirtschaftswuesstum, dee wisst 2021 no der Kris ëm plus 7 %, d'nächst Joer geschaten 3,5 %.

De Chômage steet bei gudder Zuel: 5,5 %. Woubäi een awer muss soen, dass bei all Netbeschäftegtem dat en Drama fir dee perséinlech ass, och bei engem Chômagetaux, deem insgesamt am Land net héich ass.

An en drëtte Punkt ass deem - ech kommen nach do drobber -: Jo, eis Schold ass am Verglach zum Wirtschaftswuesstum bei manner wéi 30 %.

Allerdéngs - ech soen, den Däiwel ass am Detail - an dat ass eigentlech den A und O vun eiser Presentatioun vun den ëffentleche Finanzen: Dat ass deem heiten Tableau.

**(M. Gilles Roth montre un tableau.)**

Dat ass de Verlaf vun dem Iwwerschoss vun de Sozialversécherunge vun 2000 bis 2025. A wat gesi mer? Mir gesinn eng Courbe, déi geet permanent erof.

2000, Dir Dammen an Dir Hären, haten déi Sozialversécherunge bei eis en Iwwerschoss vun 2,3 % vun dem Wirtschaftswuesstum. Wann een dat géif haut an Zuelen ëmrechnen, da wieren dat ronn 1,6 bis 1,7 Milliarden Euro pro Joer - pro Joer!

Haut si mer bei 1,1 %. Dat heescht, an 20 Joer si mer bei manner wéi der Hallschent - bei manner wéi der Hallschent! - bei 700 bis 800 Milliounen Euro. An de Problem ass deem, an dat ass de Grondproblem vun eise gesamten ëffentleche Finanzen: Mir rieden déi schéin. Mee mat wat riede mer se schéin? Mat eppes, wat geduecht ass fir eis Sozialversécherungen op Dauer richteg zu Lëtze-

buerg auszeriichten. An dat gëtt eis net nëmme gesot vun der Chambre de Commerce. Dat gëtt eis gesot vun allen aneren Acteuren: vu Bréssel, vu Paräis, vun der OCDE bis zu dem FMI.

An do, Dir Dammen an Dir Hären, läit wierklech d'Kromm an der Heck, well mir beschreiwen eng Situatioun, déi gutt wier, an am Endeffekt cachéiere mer déi richteg Faillen an eiem Lëtzebuurger Finanzsystem, well mir cachéieren domadder a riede schéin en Defizit am Zentralstaat - an de Finanzminister huet et gesot - vun 1 Milliard pro Joer. An dat net nëmmen dëst Joer - d'nächst Joer, d'iwwernächst Joer. An dat riskéiert, nach riicht esou weiderzegoen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Dat Lach, dat gëtt jo elo net gedeckt duerch Iwwerschëss. Dat ass just an der Presentatioun. Mee dat Lach, mat wat gëtt dat gedeckt? Mee mat Schold! A wann déi Schold erëm ausleeft, da maache mer erëm nei Schold. Jo, op Dauer kann dat net riicht ausgoen!

Aus deem Grond, Här Finanzminister, fannen ech et eigentlech net fair an net gerecht vun lech, dass Der virdrun elo während enger hallwer Stonn hei gesot hutt, wéi gutt dass Dir gewiescht wiert a wéi schlecht dass Är Virgänger mat den ëffentleche Finanzen ëmgaange sinn.

Just e puer Saachen. Jo, mir freeën eis och drop, dass d'Finanzplaz propper ass. Ech wëll awer just drun erënneren: Et war ënner enger blo-rouder Regierung, Dir waart deemools Diplomat. Am Joer 2000, Juni 2000, wou den Accord de Feira war, wou nämlech den Échange d'informations op europäeschem Niveau vu Steierdonnéeën an anere Revenuen sollt institutionaliséiert ginn.

Ech hunn awer keen hei an der Chamber héiere vun deene grouse Majoritéitsparteien, déi géint deem Accord gewiescht wieren, wéi d'Madamm Polfer Auseminister war. An Dir waart alleguerte frou, dass eng Clause de réserve dra war, déi et dem Lëtzebuurger Staat erlaabt huet, fir deem Échange d'informations automatique no hannen ze sëtzen.

Well Dir wësst ganz genee, dass Lëtzebuerg am Joer 2000, an och an deene Joren duerno, weesentlech vun dem Privatbankegeschäft gelieft huet. An déi Reserv, fir do kënnen nach weider dervun ze profitéieren, dat hat een eenzege Grond: dass mer op eiser Finanzplaz konnten déi Transitioun maachen, déi sech herno vun dem Privatbankegeschäft bis hin zu de Fonge konnt ausgläichen.

Zweete Punkt: Dat, wat Der net gesot hutt, dat ass, dass Äre Virgänger, de Luc Frieden, zesumme mat dem deemolege Staatsminister, zesumme mat enger blo-rouder Regierung, dass déi hei eng ganz schwéier Finanzkris a Bankekris hu misse léisen.

2007, ech mengen, du souzt Dir am Verwaltungsrot vun ...

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Nee, an der Oppositioun, Här Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- 2007 ...

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Nee, an der Oppositioun.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- ... souz den Här Gramegna, wann ech mech gutt erënneren, am Conseil d'administration vun der Fortis. Jo?! Mee Dir wësst awer ganz genee un éischter Stell, wann do net gehandelt gi wier an enger Nuecht an där deemoleger schwaarz-rouder Regierung, dass dann d'Fortis hops gewiescht wier an dass Dausende Betriber, fir déi d'DP ëmmer agestanen war, mam Fanger am Mond do gesiess hätten.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- An et hätten Dausende Leit hir Aarbechtsplaz verluer. Dofir fannen ech et, éierlech gesot, net fair an net gerecht, dass Der sot, Dir hätt eng Situatioun vun ëffentleche Finanzen virfonnt an de Joren 2012/2013, déi katastrophal gewiescht wier!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Dir hutt de Leit, Här Finanzminister, am Numm vun der Regierung gesot, Dir géif eng „kopernikanesch Finanzrevolusioun“ maachen. Jo, „kopernikanesch Finanzrevolusioun“. Mee ech soen lech: Wann een dat am Detail kuckt, dann ass Är kopernikanesch Finanzrevolusioun zu engem reegelrechte Rohrkreipier ginn, ...

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- ... well d'Staatsschold, déi Dir schéiriet, ass ni esou héich gewiescht wéi elo. Déi Staatsschold huet sech ënner Ärer Regie als Finanzminister an absolutten Zuelen an de leschten zéng Joer verduebelt. Déi huet sech carrement verduebelt! A fir dann awer deenen anere Virgänger ze soen, si hätten lech eng desolat Finanzsituatioun hannerlooss, dat, soen ech lech ganz éierlech, fannen ech net fair.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Ech fannen et virun allem net fair, well Der zousätzlech eigentlech net op dat

agitt ... En ass elo net méi hei ... De Claude Meisch, als deemolege finanzpolitesche Spriecher vun der DP, deem huet 2011/2012 gesot, d'Leit géife mat Steiergranate bombardéiert ginn. Sinn da bei lech déi Steiergranaten entschäerft ginn? Ech géif soen, se si reegelrecht geboost ginn! A se riskéieren, d'Leit esou ze erdrécken, dass se um Bockel vun der sozialer Kohäsïoun an um Bockel vun der Mëtelschicht geschwé wäerten explodéieren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Well dat, wat Der net sot, Här Finanzminister, dat ass, dass Der permanent dervu profitéiert hutt, a gudden Zäite wéi och a manner gudden Zäiten, dass déi schaffend Leit alljoers 400 bis 500 Milliounen - dat ass eng hallef Milliard - méi Steieren u Loun a Gehalt bezuelen.

Da kënnt nach zousätzlech, niewent der TVA, déi se bezuelen am Konsum, och e Plus vu 50 Milliounen alljoeers derbäi um Niveau vu der Solidaritéitssteuer. Dat heescht am Kloertext: D'Leit bezuelen ëmmer méi Steieren, d'Leit ginn ëmmer méi belascht an trotzdeem deckt Der net den Defizit vun onse staatleche Finanzen. Do ass also keng Perspektiv do, contrairement zu deem, wat Der gesot hutt um Niveau vum Horizont, wéi Der deem opzeechent.

Wat dat awer deem eenzelne Bierger - well et ass jo dat, wat en interesséiert - belascht?! Ech ginn lech e kuerzt Beispill. Eng Persoun, déi 4.000 Euro brutto Loun oder Pensioun de Mount huet ... Dat ass eng appreciabel Pai. Et ass net déi héchste Pai, mee et si vill Leit, déi an deene Paragen do mat de Suen de Mount mussen eens ginn. Dat si 50.000 Euro, wann een dat esou grosso modo als Joeresgehalt oprechent.

Wësst Der, wat déi Persoun oder dee Pensionnaire duerch den Index, deem den 1. Oktober dëst Joer erfall ass, pro Joer bäikritt - ech betoune „pro Joer“? Dat sinn 1.250 Euro, 1.250 Euro. Wësst Der, wat se mat Äre Steieren, déi Der jo esou als super presentéiert, dann nach um Enn vum Joer vun deenen 1.250 Euro Rescht hunn? Genau 650 Euro netto an der Keess. 650 Euro!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi 650 Euro, wësst Der, wat dat ass? Dat geet emol net duer, fir de Plus un dem Bensinn ze bezuelen, deem eng Persoun brauch, wa se 20.000 Kilometer d'Joer firt mat engem Auto, dee sechs Liter Bensinn oder Diesel brauch. Dat heescht, dat ass déi super Steierreform, déi Dir gemaach hutt: D'Leit kréien 1.250 Euro bäi, si behalen der 650. An dat geet eleng an de Konsum vun dem Bensinn oder vun dem Diesel fir an den Auto.

Wat do nach net mat aberechent ass, wat een awer muss a Consideratioun huelen, dat ass zum Beispill d'Hëtzes. Do gëtt gesot: „Ma da kënne se jo allegueren op Elektresch goen.“ Wësst Der, dass hei am Land 144.000 Stéit vun 265.000 mat Mazout oder mat Gas hëtzen. Aleng eng Mazoutsheizung, déi mat 2.100 Liter Brennes d'Joer gespeist gëtt - also, dat ass net dat gréissten Haus -, fir déi ass dat e Mehrpreis um Niveau vum Hëtzes eleng vun 867 Euro. 867 Euro! Dat heescht, dat ass alles net ofgedeckt.

Den zweete Punkt ass deem: Een, dee mat Gas heizt, dee krut vun engem grouse Liwwerant aus dem Süde matgedeelt, dass ab dem 1. Januar 2022 all Stot do plus 90 Euro méi Hëtzes muss bezuelen.

An et ass dat, wat mer bei lech kritiséieren: Dir riet hei Är Finanz gäre schéin, d'Leit ginn ëmmer méi belascht a se hunn de facto manner Sue fir hiren deegleche Liewensoflaf finanziell ze begleeden. Do maache mer lech de Reproche. Ech fannen et och net fair an och net gerecht, dass Der net dorobber, op de Bilan och vun deenen anere Finanzministere virun lech, agaange sidd.

Ënner successive Regierungen war 1990 - wa mer vu Vergaangenheitsbewältigung schwätzen - eng grouse Steierreform, déi d'Leit entlaascht huet. 2001/2002, iwwregens mat Ärer Partei, ...

**(Interruption)**

... ass de Spëtzesteiersaz bis op 38 % erofgesat ginn. A souguer am Ausklang vun der Banken- a Finanzkris an de Joren 2009/2010 - doru kënnt Der lech allegueren erënneren -, dunn huet den Här Juncker mat der deemoleger schwaarz-rouder Regierung gesot: „Elo muss mer d'Leit entlaaschten, fir dass se méi Kafkraaft kréien.“

De Problem an d'Resultat vun deem - Ärer verfeeltener Steierpolitik op deem Punkt -, contrairement zu deene Versprieche, déi Der gemaach hutt, dat ass, dass vill Leit hei am Land d'Enner um Enn vum Mount net méi zesummekréien. An ech soen lech ganz éierlech: D'Enner vum Mount si bei ville schonn ëm de 15. vum Mount!

Fir dat ze verdäitlechen, gëtt et eigentlech e ganz gudden Avis vun der IDEA. Dat ass eng Fondatioun. Déi huet och en Avis zum Staatsbudget geschriwwen. En ass net extreem déck, mee e liest sech gutt.

Kuckt emol eng Kéier, wat do vu Statistiken drasteet, wat dat heescht, „Enner um Enn vum Mount

zesammenzekréien“. Abee, eng elengsteeënd Persoun: 27 % - 27 %! - hei am Land kréien als elengsteeënd Persoun, dat kann e Jonggesell sinn, dat kann awer och e Pensionéierte sinn, d'Enner um Enn vum Mount net méi zesummen. An deem räiche Lëtzebuerg, wou et allen esou gutt geet, wéi Der sot!

An deem räiche Lëtzebuerg! En Adulte, dat heescht, eng Persoun mat engem Kand: 33 % ginn hei un, si géifen d'Enner um Enn vum Mount net méi zesummekréien. Dat ass een op dräi!

An et ass net verwonnerlech, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass grad elo d'Deputéiert a ganz vill Leit hei am Land Courier krute vun engem Collectif monoparental, déi allegueren déi dote Problemer opgeléscht hunn. Et ass dach net normal, dass een hei seet, wéi gutt dass ee wier, wéi gutt dass d'Staatsfinanze wieren, an een op dräi vu Monoparentallen kritt um Enn vum Mount seng Enner net méi zesummen! Et kann een awer net alles schéirieden!

An et ass nach méi dramatesch, wann et en Adulte ass mat méi Kanner! Wësst Der, wat do den Taux ass, wou d'Leit deklaréieren, dass se d'Enner um Enn vum Mount net méi zesummekréien? 58,7 %! Dat sinn der bal zwee op dräi, déi méi Kanner à charge hunn, déi d'Enner um Enn vum Mount net méi zesummekréien!

Da kann een natierlech de Leit ganz grouss makroekonomesch Theorien hei halen, wéi gutt dass ee sech zu Bréissel verkaaft hätt, wéi gutt dass een d'Finanzplaz verkaaft huet. Mee dat, wat d'Leit interesséiert, dat ass dat heiten! An dat ass en Deel vun Ärer verpasstener Finanzpolitik, wou ech dat virdrun ugeschnidden hunn. An et ass och do, wou mer net verstinn!

Mir verstinn a mir hunn dat begréisst, dass d'Kannergeld retroaktiv indexéiert ass. Den Här Spautz huet awer an der leschter Woch eng Heure d'actualité gemaach, wou e grad op deem dote Punkt agaangen ass, wann et Leit sinn, déi méi Kanner hunn, jo, da kann een net einfach soen: „Dir kritt nach ëmmer dat selwecht. Dat drëtt oder dat véiert Kand kritt nach ëmmer dat selwecht Kannergeld.“ Mee déi brauchen einfach méi!

Déi mussen an enger anerer Wunneng sinn, déi mussen en aneren Auto hunn, wa se iwwerhaupt drun denken, eng Kéier vläicht am Joer eng Woch am Summer an d'Vakanz ze goen. Déi kënnen net zu véier, fënnef an engem Zëmmer do hausen!

**(Interruption)**

Also, jo, Dir kënnt de Kapp rëselen, mee dat sinn déi reell Problemer, déi d'Leit hei am Land de Moment hunn an deene mir als Politiker insgesamt mussen entgéintwierken.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- An et ass net fir näischt, dass grad d'Salariatskummer richtegerweis seet an engem gudden Avis, dee se geschriwwen huet: « Les familles monoparentales ne sont pas assez soutenues par le Gouvernement luxembourgeois. » Aus deem Grond soe mer: Zousätzlech zu den Diskussiounen an Interpellatiounen, déi de Paul Galles am Numm vun der CSV ugereegt hat, wäerte mir als CSV och eng Interpellatioun deposéieren am Ufank vun dem nächste Joer iwwert d'Situatioun vun de Monoparentallen hei an dem Land.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- An deem Punkt, Här Finanzminister, well dat hutt Der net an Ärem Bilan gesot, fannen ech et total inakzeptabel, dass en Haaptwalversprieche, besonnesch dat vis-à-vis vun de Monoparentallen, net ëmgesat gëtt. Et kann een net dräi Haaptwalversprieche an engem Koalitiounsaccord unhalen!

Wat war dat?

100 Euro méi Mindestgeld. D'Sozialisten hunn dat direkt gecashé. Déi ware méi schlau.

Zweetens ...

**(Interruption)**

Jo, et war awer esou.

Zweetens dann, d'Legaliséierung vum Cannabis. Den Här Schneider ass net méi do. Et ass och gutt, wann dat net kënnt.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- An dat Drëtt, dat war ganz einfach: Ob bestuet, gepacst, gekummert, jiddweree kritt bei eis déi selwecht Steierklass a kee wäert dobäi verléieren. Mir hunn emol net en Avant-projet gesinn! A wa mer lech gefrot hunn: „Da leet eis ... sot eis ... Wat kascht dat do?“, dass mer dat och kënne mat aschätzen. Dat hu mer bis haut net gesinn. Och dat, Här Finanzminister, mit Verlaub, gehéiert zu Ärem Bilan.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- An déi Leit, déi besonnesch do drënner leiden, dat ass déi breet Mëttelschicht, well Der et net fäerdegruecht hutt,





d'Steiertabell inflatiounszeberengegen. Dat hutt Der net gemaach. An doduerch kommen déi héich zousätzlech Steieren bei deem Beispill, wat ech virdu gesot hunn.

Dir hutt och eppes net gemaach, wat mer 2017 hei op der Chambertribün am Numm vun der CSV gefuerdert haten. Dat war - Dir hutt dat eigentlech e bëssen esou lächerlech ofgewimmelt -, wéi mer gesot hunn, mir hätte gären, dass de Montant vun dem Agangssteiersaz ... Dat ass dee Montant, ab deem een iwwerhaapt Steieren zu Lëtzebuerg beziit. Dee steet schonn zënter Joren, Joerzéngte bei 11.600 oder 11.250 Euro (veuillez lire: 11.265 Euro). En ass ëmgeännert ginn, wéi vu Lëtzebuerger Frang an Euroen huet missen ëmgewandelt ginn. Dunn hutt Der gesot: Mee do profitéiert jiddwereen dervun.

Ma mir haten lech als Géigepropos gemaach deemools, an dozou sti mer: Majo, wa jiddwereen, besonnesch och Spëtzeverdänger, dovunner profitéiert, wat awer an engem Steiersystem normal ass, well dee fänkt jo och ënnen un, mee da setzt uewen eng Tranche derbäi! Dat heescht, dat, wat en ënne kritt, dat setzt en uewen ... - en huet jo och dann déi breet Schëlleren -, dat gött e bäi.

Déi, déi awer getraff sinn hei, Här Finanzminister, Dir Dammen an Dir Hären, duerch déi Neterhéijung vun dem Steieragangsmontant, wësst Der, wien dat ass? Dat ass de Mindestlounbezéier! Well et ass dach net normal, dass mir hei - an dat fanne mer richteg - ëm 100 Euro, dann hu mer d'lescht Joer den 1. Januar nach eng Kéier ëm 3,8 % ... iwwregens mat der Zoustëmmung vun der CSV ohne wenn und aber.

A mir, d'CSV, als Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei wäerten och an Zukunft all Erhéijung vum Mindestloun ëmmer matstëmmen. Mee et kann awer net sinn, dass mer de Leit brutto um Mindestloun eppes bäiginn, da fale se ënnert d'Steiertranchen an da leie se herno also, wann d'Steiere sech bis applizéieren, noweislech 25 Euro ënnert der Aarmutsgrenz!

Dat ka jo net sinn! Et ass eng Persoun, déi geet schaffen ... Mir soen: „Mir hunn den héchste Mindestloun an der ganzer Europäescher Unioun.“ Wann awer d'Steiere kommen, da lieft déi Persoun hei ënnert der Aarmutsgrenz: 40 Stonnen d'Woch, 173 Stonnen de Mount schaffen, net vill därfe krank ze ginn, well soss kritt se gären an deene Branchen, wou se schafft, de Sak. Et sinn net nëmmen déi 25 Euro vis-à-vis vun der Aarmutsgrenz, mee et ass virun allem - an doduerch kommen déi Zuelen, déi ech lech virdu genannt hunn - 200 Euro ënnert dem Niveau de vie, wou een dezent hei am Land ka wunnen. 200 Euro!

Wat dat alles bedéngt, spilt och um Niveau vun de Pensionnairen. Kuckt eng Persoun, déi 40 Joer geschafft huet, 40 Joer abezuelt huet. Dat ass e laangen Dag. Wann déi mat 65 Joer hir Pensiouen da kritt, da läit se automatesch duerch den Alter bedéngt an der Steierklass 1A. Wësst Der, wat déi da vun Nettopensiouen huet? 1.893 Euro. 1.893 Euro, fir 40 Joer geschafft a cotiséiert ze hunn! Do laaft der hei am Land net ganz wäit, weeder an der Stad, nach am Éislek, nach soss am ländleche Raum.

1.893 Euro, ech hunn lech gesot virdrun ... D'Leit mieren dat, wa se nëmme kucken, wat se muss bezuele fir ze tanken, wa se emol fir de Weekend just akafe ginn. An da gi se net a Feinkostläden, well soss ass do de groussen Deel schonns drop. Mee och no deene Leit, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, muss mer kucken.

Wësst Der, wat den Aarmutsrisko an där Kategorie ass? 1.804 Euro. Dat heescht, een, dee 40 Joer geschafft huet, dee mat 65 Joer Recht huet op eng voll Mindestpensiouen, deen huet genau 89 Euro méi wéi den Aarmutsrisko an där Kategorie hei am Land. Och dat gehéiert zu Ärem Bilan, Här Finanzminister, well Der net d'Steieren adaptéiert hutt. A wësst Der, wat do de Seuil de référence ass? Och 2.105 Euro. Och dat gehéiert zu Ärem Bilan.

An duerfir, Dir Dammen an Dir Hären, kann een net permanent viru Wale vun Entschäerfen an Entlaaschte vum Mëttelstandsbockel schwätzen. A grad an der Zäit no de Wale ginn d'Leit da richteg gedréckt a se mussen am Mëttelstand richteg bockelen.

An da soen ech lech och riichter aus: Déi Pandemie, dat ass keng Excuse. Well virun der Pandemie, do konnt Dir aus dem Volle schëpfen. Mee do hutt Der a floribus gelieft. Ganz bewusst hutt Der keen Apel fir den Duuscht op d'Säit geluecht. An dat war an eisen Aen ... A mir hunn lech dat ëmmer gesot: d'Madamm Hansen, et ass gesot gi bei État-nationen, et ass gesot gi bei Budgetsdiskussionen. Et ass bei all Geleeënheet gesot ginn, dass dat eng Schéiwiederpolitik war. An elo ass dat schéint Bieder lues a lues fort a mir sinn awer beim Bling-Bling bliwwen, an dat ass net gutt.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- An d'Resultat dovunner, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass, dass et fir d'éischt

no dem Zweete Weltkrich eigentlech net méi selbstverständlech ass, dass et de Kanner a Kandskanner vun deene Generatiounen besser geet wéi hiren Elteren a Grousselteren. Dat ass de Moment zu Lëtzebuerg net méi de Fall. An dat bedauere mir zudéist, well och domadder ass e weesentlecht Element vun der sozialer Kohäsion hei zu Lëtzebuerg a Fro gestallt.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- An dat soen net nëmme mir als CSV, mee dat soen de ganz grouse Gros vun de Vertrieder vun der Zivilgesellschaft. Och dat gehéiert zu Ärem Bilan, och dat gehéiert zu Lëtzebuerg. Mir sinn nëmme staark, wa mer zu Lëtzebuerg zesummenhalen. Mir sinn nëmme staark, wann d'Gesellschaft sech net auserneen dividéiert. A mir sinn nëmme staark, wa jiddwereen dat huet, wat e brauch fir ze liewen.

An duerfir - ech kommen zum Schluss vun dësem Kapitel - hätte mir gären, dass onofhängeg vun enger grousser Steuerreform ... Well déi kritt Der net méi hin an Dir wësst, dass wann Der och Upassunge maacht - dat wäert esou d'Spill vun der Politik sinn ... Well déi, déi Der elo maacht, déi komme jo eigentlech finanziell eréischt richteg ze droen no de Wale vun 2023.

Mir fuerderen als CSV ganz konkret:

Éischstens: Mir hätte gären eng Berengegung, eng nodréiglech Berengegung vun der Steiertabell un d'Inflatioun. Dat hätte mer gären. Dat ass all zéng Joer gemaach ginn, et muss och elo gemaach ginn.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Mir hätte gären, dass de Steieragangsmontant géif gehéicht ginn, quitte - an ech stinn do derzou - dass fir Spëtzeverdänger eppes dropgesat gött.

A mir hätte virun allem gären - vu dass Der dat Versprechen, dat Haaptversprechen, wat Der besonnesch den Elengerzéier gemaach hutt, net agehalen hutt -, dass déi Steierbelaaschtung vun de Monoparentallen an der Steierklass 1A a vun de Witwer a vun de Witwen entlaascht gött. An dat ass eng mathematesch Formel an engem Artikel vun onsem Steiergesetz.

A mir hätte gären zousätzlech, dass den Iwwergang, wou ee vun der Steierklass 2 an d'Steierklass 1A fält, vun dräi op fënnef Joer eropgesat gött.

Dat sinn dräi konkret punktuell Fuerderungen an dat ass net technesch schwéier, fir dat do ze bewerkstellegen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als CSV interesséiert eis eigentlech d'Verpackung vum Budget relativ wéineg. Mir brauche keng Verpackunge vu Budgeten. E Budget ass kee Liter Mëllech, well wann een deen nëmme verpaakt a Promotioun derfir mécht, da risquéiert e séier zu Brach ze ginn.

(*Brouhaha*)

Mir hätten eigentlech gären - Spaass beisäit -, dass ee sech manner ëm Makroökonomie bekëmmert, mee ëm konkret a mikroreal Politik vun den eenzelen Bierger am Land. An dee „mikro“, dat soll de Mikro vum Terrain sinn an net de Mikro vun dichtege Pressekonferenzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Wuert zu der Croissance, zu dem Wuesstum. Dat ass eppes, woumat all Partei hei am Parlament sech muss, mengen ech, ausenanersetzen a sech och do muss positionéieren.

Als CSV, soen ech ganz kloer, sti mir zum Wuesstum. Mir stinn zu engem quantitative Wuesstum. Firwat? Mee well ouni Wuesstum de ganze Modell Lëtzebuerg, d'Hamsterrad, wou ech lech virdu gesot hunn, dat dréint dann net méi. Mir mussen also Wuesstum hunn.

Dat, wat mir awer nuancéiert kucken, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass, dass mer dee quantitative Wuesstum, dee mer mussen hunn, fir dass dat Sozialt, fir dass d'Steieren dréinen, mussen an e qualitativt Wuelbefanne vun de Leit investéieren.

D'Madamm Hansen huet des Ëftere gesot, wat dat bei de Leit bedeit, an de Serge Wilmes, zesumme mat dem Françoise Hetto-Gaasch, huet ganz bewusst d'Wuelbefanne vun de Kanner a vun de Jugendlechen an enger ganz gudder an interessanter Interpellatioun viru 14 Deeg hei an der Chamber duergeluecht. Well mir mussen eng Politik vum Bien-être fir d'Leit maachen. A besonnesch an der Pandemie, Dir Dammen an Dir Hären, zielt dat fir déi Jonk a fir eis Kanner, mee zielt och duerno. Déi Jonk an déi Kanner brauchen eng zentral Plaz an der lëtzebuergercher Politikgestaltung. Déi muss hinnen zeguttkommen.

Um Niveau vum Chômage - wa mer bei deem Soziale sinn - ass richteg gesot gi vum Dan Kersch, dem Aarbechtsminister: Mir hunn e Chômagetaux vu 5,5 %. Dat, wat sech awer an enger Aktualitéitsstonn vum Här Spautz erausgestallt huet, ass dass

vun deene Laangzäitchômeuren net vill geschwat gött. Dat ass awer e Leed fir jiddwereen, deen do dran ass. A bei de Laangzäitchômeuren ass de Problem deen, dass d'Hallschent vun deene keng gutt Qualifikatioun huet, keng gutt Diplomer. An déi aner Hallschent huet gutt Diplomer, mee si sinn awer méi wéi zwielef Méint ouni Schaff. Dat ass en Drama fir jiddwereen, deen dovunner concernéiert ass.

Duerfir si mir als CSV der Meinung, dass ee muss op zwee Niveauen agéieren. Dat Éischt ass deen, dass een d'Leit muss forméieren, dass ee se muss gutt ausbilden. Mee dat anert, wat ech soen, heescht awer och, dass mer Betriber mussen hunn, déi och no der Kris kënnen fonctionéieren, dass se Leit, ouni deenen héchsten Diplomer gerecht ze ginn, kënnen weider beschäftegen. Duerfir gesi mer dat als reegelrechten Drama, dass eng ganz Rei vu Betriber, sief dat zum Beispill am Horeca-Beräich, sief dat an dem Event-Beräich, de Moment wierlech nach ëmmer ëm hir Existenzen an der Kris ze kämpfen hunn.

Mir sinn och der Meinung, dass eis Wirtschaft net eleng ka vun der Finanzplaz liewen. Richteg ass, dass d'Finanzplaz 75 % vun der Kierperschaftssteier bréngt. D'Finanzplaz finanzéiert 75 % vun de gesamte Steieren, déi d'Betriber zu Lëtzebuerg oflieweren.

Mee mir mussen awer zousätzlech zu der Finanzplaz och Betriber hunn - och wa se net Milliounen, Milliounen, Milliounen u Steiere bezuelen -, déi Leit a Beschäftegung halen, an duerfir muss mer déi Diversifikatioun hunn. An deem muss een och bei engem Neistart, deen Der virdrun ugeschwat hutt - den Neistart no der Pandemie -, Rechnung droen. Am Januar wäerten den Här Wiseler an den Här Mosar eng deementspriedend Interpellatioun hei virbréngen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu virdu gesot: Et ass e Budget vum politesche Stëllstand. Et ass e Budget, deen eigentlech net deene reegelrechten Erausfuerderunge vun eiem Land Rechnung dréit. An ech si frou, dass gëschter de Budgetsrapporter, den Dan Biancalana, deem ech felicitéiere fir säi schrëftlechen a mëndleche Bericht, déi Erausfuerderunge skizzéiert huet. A mir hunn do eigentlech zum groussen Deel Deckungsgläichheet. Mir hunn e Problem am Logement. Mir mussen um Niveau vum Klimaschutz agéieren. Mir mussen un der Digitalisatioun an un der Zukunftfäegkeet vum Land schaffen. Mir mussen d'Qualifikatioun an d'Zukunftsfäegkeet vun de Leit assuréieren a mir mussen och d'Sécherheet am Land assuréieren.

Zu dem Logement: Hei gött zënter Jore verträischt a gepléischtert. Et gött versprach, Dir Dammen an Dir Hären - an dësem Budget iwwregens och -, mee just gebaut gött net esou séier oder zumindest bei Wäitem net genuch. Et ass dee Moment e politesche Stëllstand, mee et ass och e faktesche Stëllstand. An hei soe mir ganz kloer: Net just de Budget muss rullen, mee och de Bagger muss kloer an dichteg rullen an dierf net am Verwaltungsdschungel vu Blo-Rout-Gréng ënnergoen.

An hei och e Paradebeispill vu blo-rout-grénger Ukënnegungspolitik: De Staatsminister Bettel huet een Dag, ier Dir Äre Budget virgestallt hutt, hei op dëser Tribün gesot, bis 2025 sollen déi ëffentlech Baudräier hei am Land 8.200 zousätzlech Wunnengen, Logementer bauen. Wësst Der wéi vill dass déi ëffentlech Baudräier an deene leschten aacht Joer ënner Blo-Rout-Gréng gebaut hunn? D'SNHBM, mat allen Efforten, déi och ze luewe si vun där Gesellschaft: genau 1.048 op aacht Joer. Dat sinn 131 Wunnengen pro Joer.

De Fonds du logement, och mat allen Efforten, déi do gemaach ginn - vun 2013 bis 2020: 733. Dat sinn der an der Moyenne 92. Elo musst Der mer awer erklären, Här Finanzminister, respektiv den Här Premierminister, wéi et méiglech ass, an deenen nächste véier Joer, opgrond vun deenen dote Resultater wëllen 2.000 Wunnenge pro Joer ze bauen. An da musst Der mer erklären, Här Finanzminister, wéi Der dat wëllt mat 300 Milliounen Euro, déi an Ärem Budget dofir virgesi sinn, fir 2.000 Wunnengen ze bauen, realiséieren.

(*M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.*)

Mir hu virun engem knappe Mount hei op dëser Plaz e Projet gestëmmt, „Wëltgebond“ heescht en, vum Fonds du logement, an enger Gemeng, déi ech nawell kennen an déi bekannt gi war duerch eng Schnéikanoun. Jo.

(*Hilarité*)

Wësst Der wéi vill dass mer do gestëmmt hunn als Enveloppe budgétaire? 83 Milliounen Euro fir 162 Wunnengen. Mee wéi wëllt Der da mat deenen 300 Milliounen Euro pro Joer 2.000 Wunnenge bauen? Dat geet guer net! Wann ech dat héichrechnen, dann sinn dat 500.000 Euro pro Wunneng. Dat heescht, Dir setzt e Montant an de Budget, wou de Staatsminister seet, et ginn 2.000 Wunnenge pro Joer gebaut. Dee Montant geet emol net duer fir 600 Wunnengen, dat heescht manner wéi een Drëttel ze bauen!

An da muss ech lech ganz éierlech soen: Dat do ass jo reng Ukënnegungspolitik, déi, wann ee se norechent, iwwerhaapt kee Kapp a kee Fouss huet. Dat ass verpasste Logementspolitik Blo-Rout-Gréng no aacht Joer: Mir maachen alles anescht, mir maachen alles besser. Dat heiten ass d'Resultat op engem vun deene weesentlechste Punkten, wou de Moment de Lëtzebuerger a ganz ville Lëtzebuerger Familien de Schong richteg dréckt.

An duerfir am Schnelltempo nach eng Kéier déi Proposen, déi de Marc Lies, eise wunnengsbau-politesche Spriecher an enger Interpellatioun des Ëftere schonns virbruecht huet: Jo, mir soe Jo zum Schléisse vu Baulücken. Et sinn nach 2.800 Hektar an de Perimeteren. Mee frot emol eng Kéier hei d'Député-mairë vun där dote Säit, d'Buergermeeschteren an d'Schäfte vun där dote Säit. Wann een en Terrain, deen an engem Bauperimeter läit, Dir Dammen an Dir Hären, net wëllt verkafen an net wëllt drop bauen, kënn Dir en net op de Kapp schloen, fir dass en et mécht. Dat geet einfach net!

(*Interruption par M. Claude Haagen*)

Jo, do muss ee kucken, wat fir ...

(*Hilarité*)

■ **Une voix.**- A!

■ **M. Claude Haagen** (LSAP).- Dat kann een dann zum Beispill maachen.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat kann ee maachen. Mee ech soen lech, och zu Dikrech ass net all Terrain, dee bebaut ass.

(*Brouhaha*)

Duerfir plädéiere mir zousätzlech zu 15.000 % B6 - wou d'Leit och déck rose sinn driwwer, soen ech lech awer och - dofir, dass et e punktuellt Opmaache vun de Bauperimetre gött, dee sech der Gegebenheet vun der Landesplanung an och vun den eenzelne Gemengen upasst. Et ass kloer, dass een en Duerf net ka verdeubelen. Mee et muss awer méiglech sinn an enger Uertschaft vun enger gewësser Envergure, dat eent oder anert klengt Lotissement drunzedocken.

Mir wëllen och, dass méi an d'Héicht gebaut gött a manner an d'Breet. Et ass och dat, wat d'Chambre d'Agriculture an engem ganz gudden Avis ginn huet iwwert d'Grundsteuer. Dat ass nozeliesen, wat déi och matdroen. Da muss virun allem zesumme mat de Privatinvestisseure geschafft ginn. Et kann net sinn, dass e Fonds du logement an eng SNHBM soen: Mir maachen elo eist. Si exercéieren zum Deel och nach Virkafsrechter - dat ass jo hiert gutt Recht -, mee si ginn dann net eens mat de Privatinvestisseuren, wa se hir Strooss drun uschléissen. Da gött do ee Joer, zwee Joer driwwer diskutéiert, woubäi jiddwer Buergermeeschter heibanne weess, dass, wann een ee Lotissement un dat anert uschléisst, deen, deen déi éischt Infrastruktur realiséiert, zumindest deelweis muss dofir entschiedegt ginn.

An da soen ech ganz éierlech, da kann een net als ëffentleche Baudräier kommen a soen: „Mir sinn elo Fonds du logement an da bezuele mir deenen aneren näischt, mee mir fueren einfach iwwer Är Infrastruktur. Déi hutt Dir zwar bezuelt, mee dat ass dann eeben esou.“

Mir sinn och der Meinung, dass de Staat net zousätzlech sollt droenschloe bei deene ohnehin schonns héije Wunnengsbaupräisser. An duerfir si mer der Meinung, dass den TVA-Fräibetrag vu 50.000 op 100.000 Euro sollt an d'Luucht goen an dass och de bëllegen Akt vun 20.000 op 50.000 Euro an d'Luucht sollt gesat ginn.

Elo sot Dir: „Dat kascht alles.“ Jo, dat kascht alles, mee dat sinn awer déi konkret Problemer vun de Leit. An da muss ee manner Bling-Bling maachen, mee da muss ee sech hei an der Politikgestaltung dorobber fokusséieren.

Mir soen och ganz kloer, dass mer zur Spekulation stinn, zu enger Spekulationssteuer, déi intelligent gestréckt ass, a mir hunn och eng Propos gemaach, wou mer gesot hunn: Wann een en Haus oder en Appartement verkeeft an et kritt een do eng déck Plus-value, da sollt net de reduziéierte Steiersaz vun 20 %, mee den normale Steiersaz vu 40 % spillen. Wann een dat Haus oder dat Appartement net méi laang wéi fënnef Joer hält, da muss een do den normale Steiersaz bezuelen. Well et kann net sinn, soen ech ganz éierlech, dass déi, déi géint Loun a Gehalt schaffen an do loosse mer soe 50.000, 60.000 Euro verdéngen iwwert d'Joer, 40 % dorober bezuelen an een, deen 100.000, 200.000 Euro Plus-value casht, wann en en Appartement dräi oder véier Joer hat, nëmmen 20 % op der Plus-value muss bezuelen. Dat ass och en normalen Ausgleich zwëschent Besteuerung vu Kapital a Loun.

Bei der grousser Erausfuerderung Klima, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gi mer dem Finanzminister Recht: Et geet net just ëm Klimaschutz, ëm Klimawandel, mee et geet virun allem och ëm d'Léisung vun enger Klimakris. Fir eis ass déi Klimakris awer ze léise mat manner Verbueter a mat manner Ideologie.





Mir sinn der Meenung, dass een do praktesch, prag-matesch a virun allem meerheetsfäeg Léisunge muss op den Dësch leeën, Léisunge fir d'Leit a Léisungen och fir d'Btriber. Duerfir wëlle mir keng falsch Verbueuer, mir wëllen och kee falsche Verzicht, mee éischter Iwwerzeegungsaarbecht an och Incentiven, well et ass an eisen Aen hei kontraproduktiv, fir eleng mat dem moralesche Fanger ron-derëm ze fuchtelen.

Duerfir hu mir och ganz kloer Jo gesot zu enger CO<sub>2</sub>-Steier, mee d'Leit mussen déi och kënne bezuelen. Duerfir war eis Proposition, fir d'CO<sub>2</sub>-Steier mat an dem Indexkuerf ze berücksichtegen.

Et goufen och Propositione gemaach vun der Madamm Hansen, vun dem Claude Wiseler a vun dem Paul Galles, fir ze kucken, de Leit e Klimageld ze ginn, wéi dat an der Schwäiz ... oder e Chèque climat, wéi de Claude Wiseler dat genannt hat, dem Beispill vu Frankräich. An dann hu mer virun allem, an dorop poche mer, kee Problem, déi Suen, déi als Investissementer virgesi sinn an dem Staatsbudget, sief dat dëst Joer - et geet bal bis op eng Milliard - oder an dem PNEC, bis 1,8 Milliarden Euro, ...

Mir hu kee Problem domadder, mee mir hätte gärén, dass déi budgetär Mëttelen, déi dofir virgesi sinn, déi jo enorm sinn, och an aller Transparenz op-gelëscht sinn. Dat fannt Der eigentlech an all Avis vun der Handelskummer iwwert d'Chambre des Mé-tiers bis zu der Chambre des Salariés. Well - an dat ass och wichteg - wann esou vill Suen investéiert ginn, dann ass et net nëmme d'Recht vun der Lëtzeburger Politik, mee et ass d'Recht vun de Bierger, am Generellen ze wëssen, wat domadder geschitt, wat fir eng Projekte finanziéiert ginn a wat d'Energiebilanz vun deene Projeten ass an dat aus zwee ganz bestëmmte Grënn. Deen ee Grond ass dee vum sougenannte Greenwashing. Dat heescht, déi Leit, déi sech wierklech wëllen an d'Klimaneutralitéit mat investéieren, däräfen net verprellt ginn doduerch, dass gesot gëtt: Ma et gi jo esou vill Suen doran investéiert, dann ass Är Klimaséil berouegt.

Op där anerer Säit, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, därfe mer awer och net Waasser op d'Mille vun deene schëdden, déi soen: Ma ech ka mer dat Klima, déi Klimapolitik, all déi Laaschten, déi doduerch op mech zoukommen, CO<sub>2</sub>, aner Präis-ser, déi verdeiert ginn, net leeschten. Wa mer déi wëlle mat an d'Boot huelen - a mir muss se mat an d'Boot huelen a mir wëllen, dass se mat an d'Boot geholl ginn -, da muss een déi Transparenz um Niveau vun de Kreditter, déi fir de Klima virgesi sinn, spille loossen.

Mir stinn och - an ech soen dat ganz kloer, well et gëtt jo ëmmer gefrot, wéi dann d'CSV-Position zum Klima ass - ganz kloer zu deenen Ziler, déi gesat goufen um Niveau vun der Reduktioun vun den Zäregasemissionen. Dat si 55 % par rapport zu 2005, wat muss agespuert gi bis d'Joer 2030. Do sti mer derzou. Mir stinn och ganz kloer - ech soen dat och eng kéier - zu deenen ambitiësen Ziler, déi dat bedeit fir de Bau. Do muss bis 2030 nach 64 % manner Zäregasemissionen kommen. Mir stinn derzou. Mir stinn och derzou, dass et 52 % manner Zäregasemissionen muss sinn an der Industrie, um Bau an och 50 % um Niveau vum Transport. Dat si méi grouss Efforten, déi verlaangt gi vun den eenzelne Secteuren, wéi dat an allen aneren No-peschlänner de Fall ass.

Do wou mir eng méi nuancéiert Position hunn, dat ass déi, fir net nëmme mam decken Hummer drop-zeschoen, mee fir d'Leit mat an dat Klimaboot ze huelen an d'Entreprises als Partner ze kucken. Ech betounen: „als Partner ze kucken“.

Mir soe Jo zu der Elektrifizéierung. Et gëtt eis gesot, dass dat erlaabt, ronn 70 % vun den Zäregasemissionen erofzefueren: 70 %! Duerfir fanne mir, dass ee muss driwwer diskutéieren, mat wat fir enge Weeër een de Stroumpriis attraktiv hält, dass ee muss driwwer diskutéieren, fir den Entreprisé méi grouss Amortissementer ze ginn, dat heescht Ofnotzungsméiglechkeeten, wa se elektrifizéieren an a manner staark Zäregasemissionsproduktiounen investéieren. Mir mussen duerfir och steierlech Ureizer ginn, zum Beispill iwwer eng Steierbonifikation. Mir mussen och kënne driwwer diskutéieren, fir de Btriber Subventionen ze ginn, souwäit dat vu Bréissel méiglech ass, fir dass, wa se hire Produktionsprozess ëmstellen, se nach ëmmer konkurrenzfähig bleiwen. Dat ass wichteg, well e klasescht Beispill, wat ëmmer geholl gëtt, dat ass d'Brout. D'Brout: Wann een do de Produktionsprozess ëmshift, gëtt gesot, dass dat ongeféier 2,2-mol méi deier ass. Mee wann ech dat maachen, wann ech soen, dass e Btrib - an ech hätt dat jo gärén - soll op déi Produktionsweis iwwergoen, si mir der Meenung, dass de Staat, an dat ass jo d'All-gemengheet, dann och muss seng Responsabilitéit iwwerhuelen, fir dat mat ze begleeden.

Mir gesinn och de Klimawandel als eng Chance - ech soen dat ganz kloer - an dat op méi Punkten: Mir gesinn et als eng Chance, fir de Bau méi ëmweltfrëndlech ze gestalten - an dat net nëmme, fir de Bau méi ëmweltfrëndlech ze gestalten. Domat si jo eng ganz Rei vun Debouchéen um Niveau vun

Aarbechtsplaze virgesinn. Dat ass fir eis och eng Chance - ech maachen do erëm eng kéier de Bou-zréck - fir déi Leit, déi an dem Laangzäitchômage sinn. Ma mir mussen deenen déi Qualifikatiounen ginn, dass se zum Beispill eng Ëmshiftung kënne maache vun hire Kenntniss, déi se bis elo haten, fir dann och op deem Niveau kënne ze schaffen, well et ass schwéier, an deenen Techniken ze schaffen.

Zum Beispill an der Mobilitéit: Och an der Mobilitéit heescht et, intelligent virgoen. Dat geet vum Ingenieur bis zum Aarbechter, dee sech an der Mobilitéit investéiert. Dat zielt och fir d'Fuerschung. Mir hunn d'Käpp, déi dämpfen op dem Belval. Mee och do sinn dat nei Debouchéen, fir zum Beispill um Niveau vun de Klimatechniken kënne weiderzeschaffen.

Da soe mer och ganz kloer - Dir hätt jo gär kloer Positionen a kloer Prioritéiten vun der CSV, hei sinn der -, dass mer wëllen, dass gekuckt, gëtt beim Staat Efforten ze maachen, fir esouwäit wéi méiglech d'Klimaneutralitéit hinze kréien. Op d'Transparenz sinn ech schonn agaangen.

Mir stinn och zu engem Ausbau vum ëffentlechen Transport. Dat beinhalt och den Tram an d'Bunn an do soe mer awer och grad esou kloer: Et kann een net soen: Ma mir maachen elo den Tram an d'Bunn. Da muss een och als Corollaire huelen, fir dass dat séier geet um Niveau vun den administrative Prozeduren, dass dat och begleetend matgeholl gëtt.

A grad esou kloer soe mer: Mir hätte gärén, dass Investitioun a Fuerschung ass.

An dee leschte Punkt: eng Loi Rau fir de Klima. Wat heescht dat? Déi, ech soen, net méi esou Jonk an der Chamber wëssen nach, wat d'Loi Rau war. D'Loi Rau ass genannt ginn no engem fréieren Deputéierten vun der CSV. Et war eigentlech fir d'Lëtzeburger ze encouragéieren, fir a Fongen ze investéieren, wou Lëtzeburger Entreprisé mat ënnerstëtzt goufen. Dat war laang gutt gaangen. D'Leit krute vun de Steieren en Abatement, bis dass Bréissel gesot huet: „E, elo musst Der awer kucken, dass et net nëmme fir d'Lëtzeburger zielt, well soss ass et eng Diskriminatioon. Da musst Der dat ausweiden.“

Mee näischt verhënnert an eisen Aen, dass een zum Beispill, wa Leit géifen a Fongen investéieren - de Finanzminister huet virdrun e Fong genannt, deen opgeluecht géif gi fir d'Boergeld, fir dass keng negativ Zënse misste bezuelt ginn -, dass een dat studéiert um Niveau vun der Wirtschaft, um Niveau vun de Finanzen, dass ee géif esou ee Fong oder d'Ramegerüst fir esou Fonge schafen, wou d'Leit dann en Abatement kéinte kréien, wa se en Deel vun hire Suen - well Zënse kréie se net méi ganz vill - an esou e Fong investéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet virun, ech si bal 49 Minutten amgaangen. Ee Punkt awer nach zu engem wichtige Sujet, dee fréier net weider thematiséiert gouf hei an der Chamber: Dat ass dee vun der Digitalisatioun. Ech mengen, grad no der Pandemie ass et e Sujet, ëm dee keng Partei hei an der Chamber derlaanscht kënnt.

Ech sinn eigentlech frou, dass déi fréier Vize-presidentin vun der EU-Kommission, d'Viviane Reding, zesumme mat dem Diane ADEHM dee Punkt hei ëmmer thematiséiert huet, well dat ass weesentlech fir d'Zukunftsfäegkeet vun eise Land an dat ass net nëmme fir abstrus Informatik. Mir hätten och duerfir net gare méiglechst vill flott Labelen, mee mir hätte gare konkreet Projeten, déi d'Leit am Land an hirem sozialen Zesummeliewe weiderbréngen.

Mir brauchen eng Digitalisatioun, net nëmme fir déi Jonk: Mir brauchen eng Digitalisatioun fir all d'Leit hei an dem Land an et muss een net diploméierten Informatiker sinn, fir kënne mat deene Mëttelen ëmzegoen. Dat ass fir eis déi weesentlech Erausforderung vun der Digitalisatioun. Mir mussen d'Leit kënne mathuelen, fir dass se einfach domat eens gi wéi mat hirem Handy, dass se esou eng ganz Rei vun Applikatiounen kënne maachen.

An duerfir, och do frot Der eis: Wat géift Dir da maachen? Ma mir hätten, soen ech ganz kloer, op deem Punkt hei de Budget vum Digitalisationsministère an d'Luucht gesat. Do sinn 212 Milliounen am Detail virgesinn. Mee vun deenen 212 Milliounen, Dir Dammen an Dir Hären, sinn der 55 lafend Käschte vun dem Ministère, dat heescht: Gehälter, Büros-fonctionement an esou. Dat heescht, da bleift net méi ganz vill. 100 Milliounen fir d'Digitalisatioun, dat geet fir e Land wéi Lëtzebuerg, dat sech wëll modern ginn, definitiv net duer. Dat geet einfach net duer!

A wa mer d'Leit wëlle mat an dat Boot huelen, wa mer op deem dote Punkt wëlle Virreider an Europa ginn, jo, da mussen och déi néideg Mëttelen duerfir kommen.

Zu den Infrastrukture soe mir ganz kloer: Jo zu engem Ausbau vun de Glasfaserreseauen.

Da wëll ech awer och just e puer Punkten erwänen, fir et net ze laang ze maachen. Mir hätte gärén,

dass dat Digitaal vermeer bei eis an der Medezinn agesat gëtt - vermeer an der Medezinn! Ech kommen herno nach op e konkreet Beispill. Mir hätte gärén, dass dat Digitaal vermeer bei eis an den Universitätsstudie kann agesat ginn, net nëmme an der Fuerschung, mee och um Niveau vum Hand-habe vu ville konkreeten Applikatiounen, zum Beispill Léiermaterial, zum Beispill Léiervermittlung.

Alles dat kann een iwwert de Wee vum Digitale maachen. Dat wat jo zum Deel während der Pandemie gaangen ass, muss een als Chance gesinn, dass een dat ausbaut. An da muss jiddwereen - vum Enseignant vun der Grondschoul bis zum Universitätsprofessor - sech och kënne mat deene Materialie familiariséieren a kënne domat ëmgoen, fir de Leit vu Kand un déi Wëssensvermittlung an den Ëmgang mat deenen neien Technologie ze vermëttelen.

Do si mer der Meenung, dass et och fir d'Lëtzeburger Handwierk eng grouss Chance ass, wann een op d'Digitalisatioun setzt. A mir hate Gespréicher mat Vertrieeder, - ech weess net, ob mer dat elo mussen an deem Lobbyregëster uginn; nee, brauche mer et net - vun der Chambre des Métiers, wou si selwer gesot hunn: Mir mussen eis do selwer verbessern.

De Punkt ass awer deen - wat se grad esou daitlech gesot hunn -, dass ganz vill Btriber a Patrone vu Btriber, dass déi ofwénken, wa se soen: „Elo kritt Der emol e Consultant geschéckt.“ Da bezuele se 20.000, 30.000, alt heiansdo nach méi, Dausenden Euro. A wat ass geschitt? Außer Spesen nix gewesen. Mee si brauche ganz konkreet Punkten, wou se dat als e Plus vun hirem Schaffen gesinn, dass se nei Leit dorobber setzen, dass se Präzisionsaarbecht hunn, Präzisionsaarbecht mat dem Digitalen, dass domadder och manner Aarbechtsaccidenter geschéien. Alles dat si Projeten, wou mer eis gewünscht hätten, dass eng Regierung dës och do konkreet virgeluecht hätt. Mir sinn och der Meenung, dass eis Verwaltungen, souwuel de Staat wéi d'Gemenge wéi anerer, dass déi de Leit méi um Niveau vum Digitalen muss vermëttelen.

Do verweise mer ganz kloer op déi nordsch Länner, zum Beispill Estland. An Estland, fréier Sowjetrepublik, do lafen 99 % - 99 %! - vun de Verwaltungs-offeef zwëschent de Leit an den Administratiounen iwwert dat Digitaal, an dat net nëmme zu de Bürosstonnen, mee 24/7. Do kann ee souguer d'Dokteschrezepter digital kréien. D'Dokteschrezepter ginn dann un d'Apdikt respektiv dohin, wou een déi Medikamenter kann ofhuelen, weidergeleet. Schoulbicher: alles digital. Autonome Minibussen - och de Krees mat der Mobilitéit. An dann ass ee weesentleche Punkt, zum Beispill an Dänemark: 99 % (veuil-lez-lire: 92 %) vun der Post an Dänemark gëtt digital. A Schweden interagéieren d'Bierger direkt mat enger App mat den eenzelne Verwaltungen.

An da gëtt et ee Projet, wou mer wierklech der Meenung sinn, dass d'Pandemie déi grouss Chance gewiescht wier, fir deen ze realiséieren, dat ass en digitale Biergerpass.

Et ass dach net normal, dass mir an engem Land vu 650.000 Leit e Führerschäin hunn..., well als Madamm ass dat méi einfach an der Posch, mee bei den Hären, wann Der dat entweder an Är Jackett maacht respektiv an Är Boxentäsch, sou maache mir dat um Land, ... Jo, et ass esou.

**(Hilarité)**

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Dat maache mer och an der Stad.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Dann hutt Der ... Dat berouegt mech, Här Mosar.

**(Brouhaha)**

Wann Der dat hutt, an Dir hutt emol keng Suen dran oder net vill, da musst Der en extrat Fach hu fir Är Carte d'identité, fir de Führerschäin, fir d'Sécurité sociale, fir all aner Versécherungen, déi Der hutt. Dann ass de Portefeuille schonn esou déck gefällt. Mee alles dat, Dir Dammen an Dir Hären, misst dach mat enger Kaart méiglech sinn, wou deejéngen ..., ob dat de Polizist ass, deen lech unhält an Äre Führerschäin kontrolléiert oder ob Der, ech weess net, elo op e Fest gitt oder an e Restaurant an Är Carte d'identité muss weisen, dass da just déi Donnéeën ofgefrot ginn, déi duerfir néideg sinn, an dass een net fir jiddwereen muss eng eege Kaart hunn. Dat ass eng konkreet Applikatioun, muss ech soen. Ech mengen, an deem räiche Lëtzebuerg hätte mer dat do awer missen hikréien.

Dann zum Schluss, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et heescht net nëmme, an Infrastrukturen, a Wunnengsbau investéieren. Mir mussen och an d'Leit investéieren. An ech kommen do ganz kuerz nach op d'Schoul. D'Martine Hansen huet dat schonns des Éftere gesot: Mir wëllen, dass och d'Zukunftsfäegkeet vun de Leit gekuckt gëtt. Duerfir ass d'Education eppes, wou ee muss no vir kucken, an d'Education brauch net nëmme vill Leit, mee d'Education brauch och gutt ausgebildete Leit. D'Madamm Hansen ass gëschter nach eng kéier konkreet am Kontext vun dem Projet de loi iwwert d'Poolyen dorobber agaangen.

An da soe mer, dass eigentlech bei der Presentatioun vum Volet Educatioun et net duergeet, fir just vu Consolidatioun ze schwätzen, esou wéi den Här Meisch dat gesot huet, mee mir brauche konkreet Iddien, Innovatioun fir d'Zukunft vun deenen, déi an den nächste Joren nach weider an d'Schoul ginn, an dat gëllt fir Schüler, mee och fir déi Leit, déi an der Weiterbildung sinn.

Zu deem Punkt dann awer e Wuert zu de Betreuungsstrukturen, well Dir sidd an Ären Amendementer drop agaangen. Jo, mir sinn d'accord, dass déi Betreuungsstrukturen, d'Maison-relaisen, dass déi um Niveau vun der Gratuitéit ausgeweit ginn. Mee de grâce ...! Et besteet och fir d'Leit an et muss och e Choix fir d'Leit bestoen, dass se net praktesch, well déi Gratuitéit an de Maison-relaisen assuréiert ass, dass dann déi Leit an déi Kanner, déi doheem vun hiren Elteren nach wëlle betreit ginn, dass déi näischt duerfir kréien. Dat ass och eng Saach vun engem Choix.

Elo kënnt Der soen, dat do ass vläicht méi eng almoudesch Approche ...

**(Brouhaha)**

... mee et ass eng räsonabel Approche. Et kann net sinn, dass de Staat iwwer esou Moosnamen dik-téiert, wat fir eng Gesellschaftsform a wat fir e Liewensmodus d'Leit an hire Familien - dat geet vun de Monoparentale bis hin zu de klasesche Familien - wéi déi doheem ze liewen hunn.

Wann eng Mamm a wann e Papp oder soss ee fir säi Kand wëllt mëtten do sinn a kachen, jo, dann ass et net esou, dass d'Mamm seet: Ech muss elo esou vill bezuelen. A wann d'Kand géif an d'Maison relais goen, da wier dat do gratis.

Dee Choix, Dir Dammen an Dir Hären, dee muss mer de Leit kënne kloer loossen a mir däräfen en net indirekt duerch Incentiven ewechhuelen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Mee d'ADR hätt Geld genuch fir ...

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ... Här Baum, mat all Ärer Gréisst a mat allem Respekt wëll ech lech awer ganz kloer soen, dass et och net geet, dass d'Gemengen ënner Blo-Rout-Gréng a besonnesch bei de bloe Ministèren, wou permanent esou een, zwee Joer viru Walen esou Kaddoen ausgedeelt ginn, dass déi ausschliisslech vun de Gemengen als Service Provider muss gedroe ginn.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Well dat hu mir gesinn an der Pandemie. Hei sëtze vill Buergermeeschteren. Mir hunn och vill Buergermeeschteren an der CSV als Partei. Wann déi net alleguerten, zesummen och mat Buergermeeschtere vun deenen dote Faarwen, tatkräfteg an der Pandemie matgeholl hätt-en, da wier dat alles net esou reiwungslos zu Lëtzebuerg ofgelaf. Dat geet vun den Akafszentralen, bis zu den Tester, déi gemaach goufen. All kéier, wann d'Regierung eppes bestallt huet, hunn d'Gemengen et missten ëmsëtzen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- An dat geet och elo bei den Impfzentren an de Boosterzentren, déi mat Hëllef vun deene grouse Gemengen ..., ech gesinn de Georges Mischo do, ech gesinn de Jean-Paul Schaaf, ech gesinn, Dir hutt d'Stad Lëtzebuerg hei vertraute mat dem Laurent Mosar, mat dem éischte Schäffen, dem Serge Wilmes, déi hunn déi Efforten alleguerte gemaach. Soss géif dat do ..., soss géif dat do net goen.

**(Brouhaha)**

Ech weess, dass Der dat doten elo net gärén héiert. De gratis Musek...

**(Coups de cloche de la présidence)**

De gratis Museksunterrecht, wësst Der, wat dat fir Chargé sinn? Dat maachen d'Gemenge gärén. Mee de gratis Museksunterrecht ..., an ech fannen dat richtig, dass dat fir d'Integratioun vun der Kultur ass an och d'Kulturbewosstsënn vun de Leit, besonnesch a jonke Joren. Mee wësst Der, wat fir eng Chergen dat sinn, eleng um Niveau vun de Gebai-lechkeete fir déi eenzel Gemengen?

An hei sëtze vill Buergermeeschteren, de President vum Syvicol sëtzt do. E sot: „Ënnersträich nach eng kéier, wat fir Subsidien do ausbezueelt ginn.“ An déi Subsidien, Dir Dammen an Dir Hären, déi d'Gemenge kréien, souwuel fir déi doten Infrastrukturen wéi fir Kläranlagen - ech gesinn den Aly Kaes hei sëtzen -, déi ginn, de grâce, net méi duer fir de ganz grouse Gros vun de Gemengen, fir dat do alles ze finan-zéieren. Et kann een net op där enger Säit bestellen an déi aner mussen dofir opkommen a bezuelen. An ech mengen, dass mer do mussen ... Jo, Dir kënnt elo de Kapp rëselen. Ech mengen, dass mer do muss seriö Gespréicher féieren hei an der Plé-nière wéi och an den eenzelne Fachkommissiounen. Well et ass jo net nëmme op dem Niveau vun deenen doten Infrastrukturen, wou dat do spillt.





Um Niveau Pacte Logement - et si jo Buerger-meeschteren hei. Dir kritt dohinner geschéckt: „Nennt eis een...” oder „Proposéiert eis drai Conseillers logement.“ Jo, dat kascht alles. Da kréie se gesot: „Wat kritt Der nach u Subsiden um Niveau vun dem Pacte Logement, deen ënnert dem fréiere Wunnengsbauminister Fernand Boden agefouert ginn ass?“ Déi Subsiden, déi sinn ausgelaf, jiddwereen huet dat a senge Budgete gesinn, a vun deenen neie kritt een net méi vill bái.

Ech kann lech och en anert Beispill gi vun de Pom-pjeeën. D’Pompjeeskasären: Den Här Wolter huet dat hei thematiséiert. Dir sidd jo elo amgaangen, Är Budgeten um Niveau vun de Gemengen ze maa-chen. Et kann awer net sinn, dass gesot gëtt: „Mir stellen an, mir stellen an, mir stellen an, wien och ëmmer ...“

**(Interruption)**

Jo, jo, wien och ëmmer.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- An ech hunn dat elo net op der Chambertribün gesot, ech hunn awer vermierkt an héieren, wat hei esou gesot gouf, an dass dann d’Gemege gesot kréie vun engem Joer op dat anert: „Elo bezuelt Der 40 % méi um Niveau vun dem Pompjeeswiesen an.“ Dat si beträchtlech Zom-men. Et kann ee jo also net als Staat, als Regierung, alles bestellen an aner Leit alles bezuele loos-sen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Här President, Dir Dam-men an Dir Hären, ech kommen elo wierklech zum Schluss, mee erlaabt mer nach ee perséinlechen Exkurs.

Et ass dëst de leschte Budget vum Pierre Gramegna als Finanzminister. Här Gramegna, Dir hutt als Finanzminister Äre Récktrëtt aus der Politik uge-kënnegt, an dat virun allem aus privaten Ursachen. Dir wëllt méi Zäit fir lech an och fir Är Famill an En-kelkanner hunn. Mir, an ech och, wënschen lech, dass Der an dëser Zäit an och iwwer all partei-politesch Grenzen déi perséinlech Erfëllung hutt. Mir wënschen lech, als CSV - ech ka just fir déi schwätzen -, eng schéi Pensiouen.

An ech wëll lech och ganz kloer soen, dass mir d’Debatt mat lech, haut an iwwert déi aacht Joer virdrun, hei an dësem Haus ëmmer héich geschat hunn an och an deene sëllege Finanzkommissiou-nen. Et war zwar dacks, grad ewéi haut, méi haart an der Saach, mee esou mengen ech awer och, et war ëmmer fair an et war oft a meeschtens an engem ganz perséinleche Respekt. An dat soll och esou ënner Demokrate sinn. An duerfir nach all Guddes fir Är perséinlech Zukunft.

Mee bei all deene gudde Wënsch verstitt Der, dass mer aus deene Grënn, wou ech virdu gesot hunn, Äre Budget als CSV-Fraktioun net kënne matstëm-men. Ech soen lech Merci fir d’Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci dem Här Roth. An Dir erlaabt mir, just ee Wuert och un de Finanzminister ze richten. Merci fir déi léif Wieder an déi zwou lescht Chamberpre-sidentschaften. Merci. Ech kann dat nëmmen er-widderen. An den Här Gilles Baum huet direkt d’Wuert. Här Baum.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Merci fir d’Wuert, Här President. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn dëser Deeg, wéi ech d’Ried virbereet hu mat eise Mataarbechter, e Kalennersproch fonnt, deen, ech mengen, zu dësem Budget passt. Et ass e Sproch vum John F. Kennedy. Hien huet gesot: „In a crisis, be aware of the danger, but recognize the opportunity.“ An enger Kris soll ee sech de Gefore bewosst sinn an awer och d’Chancen erkennen. An ech mengen, genau dat maache mir hei mat dësem Budget.

Mir bleiwe virsiichteg, mir zéien d’Léieren aus der Kris a mir notzen d’Chancen, déi sech eis bidden. Mir setzen d’Jalone fir d’Lëtzebuerg vu muer. Dës Koalitioun mam Premier Xavier Bettel un der Spëtzt léist sech och net vun engem Virus ausbremsen. Am Géigendeel, mir geheie weider Kuelen an d’Feier. D’Akzenter an den Investitiounen an de Be-räicher Sozialpolitik, Aarbecht, Bildung, Mobilitéit, Wunnengsbau an och Digitaliséierung schwätzen eng kloer Sprooch.

A wann ech wéilt beim Här Finanzminister Pierre Gramegna sengem Bild vum Wäibierg bleiwen, da géif ech soen, de Budget 2022, dat wär e ganz gudde Cru fir Lëtzebuerg a fir seng Leit.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Här President, ier ech op déi eenzel Punkten aginn, erlaabt mer awer, vu menger Säit och dem Här Rapporteur, dem Dan Biancalana, e ganz grouse Merci ze soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Bericht. Hien huet a sengem Rapport eng Rei Ausféierungen a sengem perséinlechen Numm gemaach. Ech fan-nen dat ganz gutt an dat steet engem Rapporteur ab-solutt zou. Duerfir Dan, nach eng kéier e grouse

Merci fir déi Fläissaarbecht, déi s De hei gemaach hues.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif soen, mir hätten e gudde Cru, besonnesch wa mer eise Joergang mam Ausland vergläichen. Déi ekonomesch a konjunkturrell Wiederlag ass weltwäit nach ëmmer ganz onbestänneg a weíne-g previsible. Mee Hauptgrond ass a bleift d’Pande-mie, an och de Virus si mer nach net lass a mir ginn en och nach net esou séier lass, a besonnesch déi nei Variant suert fir eng gewëssen Onrou och op de Mäert.

Och wann d’Situatioun während deenen zwee leschte Jore mol besser, mol manner gutt war, esou waren eis Prioritéiten awer permanent déi sel-wecht. Primo: d’Gesondheet vun de Leit schützen, secundo: d’Ekonomie stabiliséieren an tertio: Dau-senden an Dausenden Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg ze retten. Dat war vun Ufank un eist ie-wecht Zil an dat gouf erreecht.

D’Regierung huet de Prabbeli grouss opgespaant a keen am Ree stoe gelooss a si huet bei all hiren Ef-forte Wuert gehalen. A wa mer haut do stinn, wou mer stinn, dann ass et, well mer eng gutt Ausgangs-positionen haten. Jo, mir si mat gudde Staatsfinanzen an déi Kris hei eragaangen. Ouni gesond Staatsfinanze wär dat an deem Mooss net méig-lech gewiescht, well mir komme vu wäit hier.

Ech erënnere ganz kuerz drun: Wéi d’Regierung Enn 2013 ugetrueden ass, du war d’Situatioun an de Staatsfinanzen alles anescht wéi roseg. Deemools hätt ee risquéiert, d’Virgawe vun PSC net méi ze erfë-len an den Triple-A stoung op wackelege Féiss an dat wär fatal fir d’Finanzplaz a fir eist Land gewiescht.

De Comité de prévision hat 2013 ausgerechent, dass wann dës Regierung net géif géigesteieren, d’Staatschold schonn 2016 bei 29,2 % vum PIB géif leien. D’Regierung huet sech duerfir an hire Programm geschriwwen, dass si alles géif maa-chen, fir d’Dette iwwert déi ganz Legislaturperiod ënnert deenen 30 % ze halen. An dorunner gouf sech gehalen an d’Scholdespiral gouf gebrach. D’Verschëldung ass virun der Kris erofgaangen, sta-bill op ronderëm 23 % vum PIB, also wäit ewech vun deenen 30 %.

Lëtzebuerg blouf dat eenzegt Land an Europa, wat nach ëmmer all europäesch Budgetsreegele res-pektéiert huet. 2015, 2016, 2017 louche mer ganz no beim Equilibre an dat trotz dem Ëmsetze vun enger Steuerreform.

2018 gouf fir d’éischt mat engem Iwwerschoss vu 528 Milliounen am Zentralstaat ofgeschloss, déi éischte kéier säit zéng Joer. D’Efforte vun dee-mools, déi hu sech virun engem Joer also bezuelt gemaach a mir stoungen net direkt mam Réck wid-dert der Mauer. D’Efforten, fir d’Staatsfinanzen ze sanéieren, hunn eis dat lescht Joer den néidege Sputt ginn, fir kënnen ëmfaassend op déi sanitär Kris ze reagéieren an dat gouf och gemaach.

Mee och mat där beschter Ausgangslag waren awer budgetär Téitschen net ze vermeiden. Et ass dofir och net verwonnerlech, dass och dëse Budget, de Budget vum nächste Joer, nach kloer vun der sa-nitärer Kris gezeechent ass.

D’Staatschold muss an eisen Ae virum Hanner-grond vun den héijen Investissementen an awer och de Covidhëllefsmesurë gekuckt ginn. D’Schold, déi mer hunn, ass e Resultat vun enger éiergäizeger Strategie, fir de Bierger an den Entreprises esou gutt wéi méiglech an der Kris ze hëllefen. Dat war noutwendeg, fir méi schro Konsequenzen op eis Ekonomie an natierlech dann op alleguerten déi Leit, déi schaffen, ze evitéieren. An ech mengen, kënnen ze soen, dass dat fonctionéiert huet.

De Chômage geet progressiv erof an ass elo sou-guer méi niddreg, wéi virun der Coronakris. Mir schwätzen hei konkreet vun Dausende Familljen, deenen hir Liewensgrondlag geséchert ginn ass, an dat virun allem wéinst dem Chômage partiel. Déi Scholde sinn also justifiéiert gewiescht.

D’Scholde bleiwen, zu all Moment, ënnert dem éier-gäizegen Zil vun 30 % vum PIB, wéi am Koalitiouns-accord virgesinn. Si soll d’nächst Joer bei 26,6 % leien an déi Joren duerno ëm déi 27 % fluktuéieren.

Lëtzebuerg ass och dat Land an der Eurozon, an deem d’Scholde während der Kris am mannste ge-komme sinn. D’Hëllefsmesuren, déi hunn en Defizit geschaaft. Dat ass richtig, mee et ass en Defizit, deen an eisen Ae justifiéiert ass an dee mer och an den nächste Joren erëm kënnen ofbauen.

Mir wäerte jo schonn 2024 erëm e positive Sold am Gesamtstaat verbuchen a mir hu vill Efforte ge-maach, fir de Leit, de Betriber ze hëllefen, an dat huet sech ausbezuelt.

Wann ech mer haut d’Wiederlag ukucken, dann hu sech déi däischter Wolleken zum Deel scho ver-zunn, d’Sonn kënnt erëm e bësse luussen. 2020 ass eise PIB just - ech soen dat ënner Gänseféiser-cher -, „just“ ëm minus 1,8 % zrëckgaangen. Wa mer dat vergläiche mat deem, wat mer am Ufank vun

der Kris vum Statec virusgesot kritt hunn, e Minus vu 6 %, ech mengen, dann hätte mer déi 1,8 % kënne mat béiden Hänn ënnerschreiwén.

D’nächst Joer gi mer vun engem Wuesstum vun 3,5 % aus a fir déi Joren hannendru vun 3 %. Mäi Fraktiounskolleeg a President vun der Finanz- a Budgetskommissioun, den André Bauler, dee wäert de Mëtteg, ginn ech emol dovun aus, méi am Detail op déi ekonomesch Wiederlag agoen.

Eent muss een awer kloer soen: Lëtzebuerg wäert och déi nächst Joren nach Defiziter am Zentral-staat schreiwén. Dat däerf een, och opgrond vun där Situatioun, an där mer sinn, awer net an deem Sënn verwonneren. Et ass natierlech krisebedéngt, mee et ass awer och op dee bewusste Choix vun der Regierung zrëckzeféieren. D’Investitioune gi weider héich gehalen op engem Rekordniveau, an et däerf een ni vergiessen, dass och un den Investi-tiounen Dausenden an Dausende vun Aarbechtspla-zen hänken.

Elong 2022 wäerte mer bal 3,2 Milliarden investéie-ren a bis 2025 klëmmt dës Zomm op 3,6 Milliarden. Dat sinn Investitiounen, déi den zukünftege Genera-tiounen zeguttkommen. Mir bleiwen net gäre stoen, mee mir sollen eis Chancen notzen.

Sou wéi et nach an enger rezenter Radiosemissioun ze héiere war, géife Verschiddener gären och an dë-sen Zäiten d’Steierkeul eraushuelen. Och déi Iddi, déi ominéis Iddi vun der Coronasteier - et hätt ee bal gemengt, déi Iddi wär vergiess -, déi gëtt erëm an d’Spill bruecht. Ech wëll awer nach eng kéier hei ganz kloer d’Positioun vun der Demokratescher Partei dohinnerleeën.

Éischtens: Mir befannen eis nach ëmmer an enger Pandemie, déi nach vill Onsécherheete mat sech bréngt. Mir hunn elo eng gewësse Reprise, déi och onëmgängelech ass, fir eise Sozialstaat an d’Inves-tissementen an d’Zukunft ze finanzéieren. Dës Steuer géif ganz kloer dës Reprise ofwiergen. Si wär also guer net féerderlech, et wär guer net féerderlech, fir esou eng Measure ze ënnerhuelen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Da kéim ech zum zweete Punkt an dat ass, dass dës Steuer zu dësem Mo-ment absolutt Géft wär fir eis Wirtschaft. An dat soen net ech, dat seet den Internationale Währungs-fong an dat seet och déi Europäesch Kommissioun.

D’Betriber brauchen elo Spillraum, fir kënnen Inves-tissementen ze tätlegen, déi d’Recetten an d’Aar-bechtsplaze vu muer generéieren. Wat se wierklech den Ament net brauchen, dat sinn zousätzlech Be-laaschtungen, déi och nach absolutt kontrapro-duktiv wären.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Drëttens: Firwat solle grad déi Betriber steierlech zousätzlech bestrooft ginn, déi an der Kris Innovationsgeescht bewisen hunn, grad déi Betriber, déi och héich Risiken op sech ge-holl hunn? Wa si méi Profitter an dëser Kris ge-maach hunn, da bezuele si no eisem Steiersystem jo souwiso scho méi Steieren. Duerfir soe mer et ganz kloer: Mat eis kréien dës Betriber keng zou-sätzlech Steieren opgedrummt!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Loosst eis net vergiessen, dass et grad déi Betriber sinn, déi an der Pandemie hir Produktioun oder Servicer ëmgestallt hunn, ën-ner anerem och, well et u Material gefeelt huet. Si hunn zum Beispill Uniformen hiergestallt, net Uni-formen, mee där Schippe fir an de Klinicken, Desin-fectant hiergestallt oder se hu gekuckt, dass déi Gidder, déi mer net haten, aus dem Ausland erbäi-komm sinn.

Mir sollten dëse Betriber dankbar sinn, well si en Deel vun der Léisung waren, a mir opposéieren eis all Versuch, fir dës Betriber elo ze bestrofen.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn dem Spriecher vun der CSV wéi ëmmer ganz, ganz gutt noge-lauschert an dann héiert ee vun Debatt zu Debatt, vu Joer zu Joer, vun État de la nation, vu Budget zu Budget dat selwecht Spill. Si wëllen dat eent a si wëllen och dat anert!

D’CSV huet erëm gesot, d’Regierung hätt net genuch op d’Säit geluecht, si hätt keen Apel fir den Duuscht gehat. Dat ass awer ganz einfach domadder ze er-klären, dass säit 2013 an dat Land hei massiv, mas-siv, massiv investéiert ginn ass, fir dat Land hei ze moderniséieren, an dozou sti mir och ganz kloer!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- A just fir duerno ze soen, et géif net genuch mat der Strenz iwwert d’Land ge-fuer ginn, oder wéi d’leschte kéier, mengen eche, de Jean-Marie Häseldorf gesot huet, mam Pompjees-schlauch iwwert d’Land gefuer ginn. D’CSV muss sech decidéieren, wat se awer gären hätten.

De Spriecher vun der CSV huet gesot, et wär elo grad de Moment, fir d’Mëttelschicht an déi Leit mat klenge Portmonnien ze entlaaschten, wuel wës-send, dass mer am Zentralstaat nach ëmmer en De-fizit hu vun enger Milliard.

An, wat mech awer e bësse gestéiert huet, Här Roth, dat ass: Dir sidd erëm zrëckkomm op d’Ban-kekris vun 2008/2009. Dat hat ech lech d’lescht Joer schonn auserneegeluecht. Dat, wat mer awer net gefall huet, ech muss lech dat soen, Här Roth, dat ass, dass Der dem Finanzminister an de Mond geluecht hutt, wéi schlecht dass alles gewiescht wär 2013, an Dir hutt Wieder benotzt, „katastro-phal“ an „desolat“.

Ech hunn dem Här Finanzminister nogelauschert, ech hunn déi do Wieder net héieren! Ech hunn héie-ren, dass et 2013 schwierig war an dass mer an enger Situatioun waren, wou op eng kéier eng Mil-liard um Commerce électronique gefeelt huet. An dorop ware mir net virbereet.

Ech wëll net erëm eng kéier wéi d’lescht Joer déi ganz Bankekris auserneenhuelen. Mir hunn dee-mools, Här Roth, als DP - ech war zwar dee Mo-ment, an aner Kolleegen, nach net derbäi ... Mir hunn déi Efforten, déi deemools vun der Regierung gemaach gi sinn, fir déi Bankekris ze stemmen, an och déi Scholden, déi gemaach gi sinn, déi hu mir matgedroen, fir - esou wéi Dir et gesot hutt - Dau-sende Betriber ze retten an och Dausenden Aar-bechtsplazen ze retten.

An dat selwecht, Här Roth, dat ass jo awer an dëser Kris geschitt. Mir si Sue léine gaangen, mir hu Suen agesat, fir genau dat selwecht ze maachen, och erëm eng kéier, fir d’Betriber ze retten, fir Aar-bechtsplazen ze retten, fir de Leit hir Kafkraaft ze retten. Also ech mengen, mir hunn am Fong hei näischt aneres gemaach, wéi an der Bankekris 2013 gemaach ginn ass, mat engem ganz klengen a feinen Ënnerscheed - mat engem ganz klengen a feinen Ënnerscheed -, an zwar dass den CSV-Finanzminister an den CSV-Premier, fir déi Kris, déi Bankekris ze stemmen, bei d’Leit Sue siche gaange sinn, si hunn eng Krisesteier agefouert. An dat huet dës Regierung aus DP, LSAP an deene Gréngen net gemaach. Dat war och gutt esou. An dorop solle mir emol eng kéier houfreg sinn!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Une voix.**- Voilà!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Här Roth, Dir hätt gären d’Steiertabell inflationsunbereengegt, Dir hätt gären den Agangsmontant erfogesat, Dir wëllt nach eppes maa-che fir d’Monoparentallen, Dir wëllt eppes maa-che fir d’Wittmänner, d’Wittfraen, Dir hätt och gären, dass de Seuil vun drai op fënnef Joer eropgesat gëtt. Dat si mat Sécherheet, wann een aus der Op-positionen erauskënn, berechtegt Fuerderungen. D’Fro, déi mir eis awer an der Majoritéit ëmmer han-nendru musse stellen: Wat kascht dat do? Dat ass dat, wat mir gäre wëssen!

Dir hutt gesot, Här Roth, et wären net genuch, ...

**(Brouhaha)**

... et wären net genuch Entlaaschtunge gemaach ginn. Dir hutt Är Ried mat Sécherheet geschriwwen, éier Der d’Grafike gesinn hutt, déi drai Grafike vum Här Finanzminister, déi e gewisen huet, wéi vill dass d’Leit an d’Stéit mat Kanner, Monoparentallen awer trotzdem iwwert déi lescht Joren entlaascht gi sinn. Ech hat déi virdrun och net gesinn. Mee ech géif lech dann awer bieten, lech déi Grafiken do nach eng kéier unzekucken.

Och d’Steierreform, Här Roth, hutt Der ugeschwat. Mir stinn als Demokratesch Partei widerhi fielse-fest hannert der Iddi vun enger Steuerreform.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

**(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)**

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Duerch d’Individualiséie-rung, déi mir gären hätten, soll an Zukunft onofhän-gig vum Zivilstand ... Dat ass immens wichtig! Et soll dem Staat egal sinn, ob s de bestuet bass, ob s de gepacst bass, ob s de Jonggesell bass, ob s de gescheet bass. Dat soll egal sinn. D’Leit sollen d’selwecht besteiert ginn op deem, wat se verdén-gen.

Duerch eng eenheetlech Steuerklass wären dann och déi nodréiglech Reklassementer - Reklasse-menter wann ee gescheet gëtt, Reklassementer wann ee Wittmann oder Wittfra gëtt -, déi géifen ewechfalen. An dozou sti mir, ganz kloer.

D’Zuele vum Defizit, déi mer schreiwén, déi soen eis awer leider am Moment eppes anescht. An et wär onverantwortlech - ech betounen: onverant-wortlech! -, an dësen Zäiten eng ëmfaassend Steuerreform ëmzesetzen, eng Steuerreform auf Pump, eng Steuerreform mat Scholden ze finanzéie-ren. Dat steet net fir eis fir eng rasonabel an och net fir eng responsabel Finanzpolitik. An dat kënnt och fir eis net a Fro. Dat wäre Steierkaddoen, déi mer géife maachen um Bockel vun de Kanner a vun den zukünftege Generatiounen. An dat ass am Mo-ment einfach net dran. An ech wäert lech och herno soen, firwat et net dran ass.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- D’CSV spilt hei e bës-sen Dr Jekyll and Mr Hyde. Entweder si wëllen à tout prix den Defizit verhënnere; da solle se och kloer





de Leit dobausse soen, wéi eng Sozialleeschungen oder Investissementer solle gekierzt ginn. Oder den anere Wee ass dann, si sollen de Leit soen, dass si d'Steierlaascht vun de Bierger erhéije wëllen.

Wien net domat averstanen ass, soll kloer soen, wou dann elo gespuert soll ginn, wéi eng sozial Mesuré sollen net agefouert ginn, wéi eng Schoul soll net gebaut ginn, wéi eng Mobilitéitsprojete sollen no hanne geréckelt ginn. An ech hunn do net vill Konkreetes héieren. Mee dat ass awer net schlëmm.

D'Oppositionsparteien, d'Parteien alleguer musen en éierleche Choix maachen. Entweder et wëllt ee sech weider auf Teufel komm raus verschëlden, fir jiddwereen dobaussen ze zerwéieren, jiddwerengem ze gefalen. Dat ass eng Méiglechkeet, déi een an der Opposition normalerweis kann zéien. Ech hu jo och laang genuch Opposition gemaach, ech weess jo, wéi dat ass.

Oder et wëllt een ëmtässelen am Budget bannen-dran. Och do däerf een da soen, bei wat a bei wiem. Oder et fiert ee weider mat enger responsabler Finanz- a Budgetspolitik, déi sech der Decken no streckt, an zwar an eisem Fall, déi sech dem finanziellen Spillraum no streckt.

Ech muss lech soen, ech freeë mech wierklech op deen Debat, dee mer hei an der Chamber wäerte féieren, den Debat eeben iwwert d'Méiglechkeeten, deen Debat, dee preparéiert ginn ass an der Cofibu, wat d'Steieren ugeet. Ech sinn der Meinung, dass dat en extreem, extreem interessanten Exercice hei gëtt. Dat gëtt en Débat des bonnes idées. Ech freeë mech wierklech dodrop. An, fir mäi Kolleeg André Bauler ze zitieren, soll een och am Kader vun deem Debat un eppes denken: dass een de Kuch fir d'éischt muss baken, éier een d'Stécker vum Kuch verdeelt.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Kolleeginnen a Kolleegen, d'Regierung huet während der Kris net op d'Käschte vun deene Schwächsten an eiser Gesellschaft gespuert. De Géigendeel ass de Fall, an d'Majoritéit huet weider Efforte gemaach, fir déi sozial Ongläichheeten ze bekämpfen. Ech denken un d'Erhéijung vun 2,8 % vum Mindestloun a vum REVIS am Ufank vum Joer. An d'DP huet hei besonnesch Wäert drop geluecht, dass och an där prekärer Situation eppes fir d'Betribler géif gemaach ginn. An d'Betribler, déi länger Zäit ënnert der Kris gelidden hunn, kruten eng finanziell Hëllef eemoleg vu 500 Euro pro Salarié, fir och kënnen dës Kris ze stäipen.

Net ze vergiessen och de Chômage partiel, dee vill Aarbechtsplazen hei am Land gerett huet, an d'Mindestlounbezéier, déi hunn 100 % vun hirem Salaire ausbezuelet kritt. Dat war wichteg an dat war och richtig.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Stéit mat kleng Revenuen, oder mir schwätze jo gär hei vun deene mat de schmuele Schëlleren, déi hu mer, mengen ech, besonnesch ënnerstëtzt. D'Koalition huet also hir sozial Oder gewisen - alt nees.

Ech denken och un déi réckwierkend Verduebelung vun der Allocation de vie chère 2020, déi dauerhaft Erhéijung ëm 10 %, an dës Kéier, dëst Joer geet d'Allocation de vie chère jo nach eng Kéier erop. Dat alles si Mesuren, déi am Kader vun enger Kris ëmgəsət goufen, an ech mengen, déi Mesuré loosse sech weisen.

De Chômage partiel, de Congé pour raisons familiales an d'Allocation de vie chère hunn eleng - elo haalt lech un, hei zu menger Rietser! -, eng budgetär Envergure vun 1,5 Milliard! Här Roth, mat där 1,5 Milliard hätte mer kënnen eng Steuerreform maachen. Dat sinn déi Suen, dat sinn déi Suen, déi eis elo feelen, fir eng ëmfaassend Steuerreform ze maachen!

Mir sinn awer frou ze gesinn, dass déi opgezielte Mesuren nach alleguerte gegraff hunn an hiren Zweck erfüllt hunn. Wann Dir mir et net gleeft, an dat kann ech jo, wann ech op dëser Säit kucken, verstoen, da gleeft awer wannechgelift dem Statec, deen huet nämlech déi selwecht Meinung. An ech zitieren aus hirem Pressecommuniqué zur Publication STATNEWS am Oktober - et ass schued, dass elo awer deen een oder aneren net heibannen ass: « La crise économique consécutive à la crise sanitaire du Covid-19 n'a [...] pas affecté le revenu moyen des ménages en 2020 par rapport à 2019. »

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - An dann: « La répartition des ménages en fonction de leur revenu disponible fondée sur la prévision montre une grande similitude dans la distribution des revenus entre ceux de 2019 et ceux de 2020, confirmant l'absence d'impact négatif majeur de la crise sanitaire sur les revenus des ménages. »

Ech mengen, dass dat doten awer trotzdem ..., dat ass awer eng Ausso!

Och d'Betribler sinn net am Ree stoe gelooss ginn. Déi ënnerschiddlech Aidë sinn ëmmer nees der Entwécklung vun der Pandemie ugepasst ginn.

Eng Hellewull un Hëllef fir d'Betribler goufen opgestallt. Dat waren Direktaiden an och Aide-remboursablen am Kader vum Stabiliséierungspakt an och am Kader vum „Neistart Lëtzebuerg“.

Ech sot et schonn: D'Regierung huet Wuert gehalen a si huet déi Schwächst an eiser Gesellschaft ënnerstëtzt.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Dat ass keen Novum. Scho virun der Kris huet sech déi sozial Gerechtegkeet wéi e bloe Fuedem duerch d'Regierungspolitik gezunn, ugefaange mat der Steuerreform vun 2017. Dat war déi gerechteste Steuerreform, déi jeemools zu Lëtzebuerg gemaach gouf, mat Steuererliichterunge fir déi Kleng- a Mëttelverdénger, sozial selektive Steierkreditter a mat engem besonneschen Akzent op d'Monoparentaux; dat gëtt oft vergiess. Och do gëtt et Tabellen. Ech géif och jiddweree bidden, déi eng Kéier erauszehuelen an do nach eng Kéier drop ze kucken.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Ech denken och un den neie REVIS mat der Majorioun fir Stéit mat Kanner, gratis Schoulbicher, gratis éffentlechen Transport, 20 Stonne gratis Kannerbetreierung, Subvention de loyer, Mindestlounerhéijung ëm 100 Euro netto am Joer 2019.

Dir gesitt, Kolleeginnen a Kolleegen, déi lescht Jore ass eng Hellewull vu soziale Mesuren ëmgəsət ginn an déi sozial Gerechtegkeet stoung iwwerall am Vierdergrond an d'Kafkraaft vun de Leit gouf daitlech gestärkt, am Géigesaz zu deem, wat vir-drun hei gesot ginn ass.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Mir bleiwen awer mat Sécherheet do net stoen, a mam Budget 2022 leet d'Majoritéit nach eng Kéier kräfteg no. De Premier huet déi sozial Mesuren am Kader vum État de la nation ugekënnegt an elo gi se ëmgəsət.

Dozou zielt d'Indexéierung vum Kannergeld. 2006 huet eng viregt Regierung d'Kannergeld desindexéiert, fir méi an d'Sachleeschungen ze investéieren. Elo ginn d'Allocatiounen nees indexéiert ab dem 1. Januar a souguer gëtt dat ëm ee Joer virgezunn, well et fir d'Enn vun der Legislaturperiod virgesi war.

A well mer am Oktober eng Indextranche vun 2,5 % haten, gëtt och déi Indextranche retroaktiv mat an d'Kannergeld matagerechent.

Och d'Allocation de vie chère, do gëtt nogeluecht. Do hat ech lech gesot, dass mer eng Verduebelung gemaach hunn 2020. 2021 ass se nach eng Kéier ëm 10 % gehéicht ginn. An op den 1. Januar kommen nach eng Kéier 200 Euro netto drop. An déi Hëllef kënn do un, wou se grad am meeschte gebraucht gëtt.

Ab der nächster Rentrée ginn dann nach weider Sachleeschungen am Bildungsberäich ëmgəsət.

Ech begrëissen am Numm vu menger Fraktioun ganz besonnesch, dass d'Mëttegiesse fir vill Kanner an der Schoulkantin wäert gratis ginn. Dat ass e grouesse Schrétt am Sënn vu méi Chancégerechtegkeet.

An Zukunft huet also all Kand d'Méiglechkeet, ech géif soen d'Chance, an der Mëttespaus eng waarm a gesond Molzecht zou sech ze huelen. An domat ënnerstëtze mer och nach eis lokal a regional Betribler. Et ass keng Fro méi vu finanzieller Moyene vun de Kanner, an et brauch och kee Schüler méi an der Mëttesstonn mat enger Tut Chips an engem Energy-drink dozësätzen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Dat verdäitlecht, mengen ech, awer ganz gutt, wat dës Regierung alles op d'Schinne bruecht huet, fir d'Kafkraaft vun de Leit ze stäerken a besonnesch, fir déi sozial méi Schwaach ze entlaaschten.

Ech mengen, all déi Mesuren, déi ech opgezielt hunn - et ass just virdru vun der Tripartite och geschwat ginn -, dat alles, wat ech opgezielt hunn, ech mengen, dat ass awer net nääscht. Natierlech kann een iwwer all Mesure schwätzen. Et kann een och all Mesure upassen. Mee mir sollen awer ophalen, esou ze maachen, wéi wann an deene leschte Jore guer nääscht gemaach gi wär am Sënn vun der sozialer Gerechtegkeet! Dat ass falsch, well ech mengen, dës Koalition aus DP, LSAP an deene Gréngen huet fir déi sozial Gerechtegkeet an deene leschte Jore ganz, ganz vill gemaach, a mir leeën och nach no.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - D'Chancégerechtegkeet steet natierlech och am Mëttelpunkt vun der Bildungspolitik. Déi lescht Jore goufe grouss Efforte gemaach, fir d'Schoulen un d'Talenter an d'Besoinne vun de Kanner unzepassen an net ëmgedréit. Eis éffentlech Bildungslandschaft ass an d'Breet gewuess, fir der ëmmer méi grousser Diversitéit vun eise Schüler Rechnung ze droen. „Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“, dat ass de Motto.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Mam Budget 2022 gëtt weider an eng qualitativ héichwäerteg Betreierung vun eise Kanner investéiert. Niewent den 20 Stonne gratis Kannerbetreierung, déi mer elo schonn hunn, wäert ab der nächster Rentrée och während de Schoulwochen d'Maison relais fir d'Kanner gratis sinn.

D'Qualitéitsoffer gëtt also och an deem Secteur ausgebaut. Vill Eltere sinn op dës Offer ugewisen; net all Elteren, awer vill Eltere sinn op dës Offer ugewisen. An och dat heite wäert nach eng Kéier eng substanzuell finanziell Entlaaschtung fir ganz, ganz vill Stéit mat sech bréngen.

Gradesou begrëissen ech, an ech mengen, mir alleguerten heibannen, déi ugekënnegt Hausaufgaben-hëllef, déi och soll gratis sinn. Ech mengen, dass dat och e ganz staarkt Zeechen ass a Richtung méi Chancégerechtegkeet. Net all Kand huet d'Chance, doheem e Papp, eng Mamm ze hunn oder e Bopi, eng Bomi, deen d'Hausaufgabe mat him mécht. An ech mengen, dass och hei et wichteg ass, dass déi Kanner, déi et brauchen, wierklech gehollef kréien.

■ **Une voix.** - Ganz richtig!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, nieft der sozialer Gerechtegkeet an der Chancégerechtegkeet an de Schoulen ass awer och d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff e weidert ganz, ganz groussst Uleies vun der Demokratescher Partei. An do gouf och an de leschte Jore vill erreecht. Ech denke virop un d'Reform vum Congé parental, wat awer wierklech e gellege Succès war.

D'Madamm Familljeministesche Corinne Cahen huet eis d'lescht Woch Zuele mat an d'Chamber bruecht. An dank engem attraktive Revenu de remplacement kënnen sech och elo vill Stéit de Congé parental leeschten, déi dat virdrun net konnten. Zäit mat senge Kanner ze verbréngen, dat däerf keng Fro vu Sue sinn an ass och elo keng méi.

Doriwwer eraus huet d'Reform och gehollef, dat traditionellt Bild an déi traditionell Rolleverdeelung an eng méi modern Rolleverdeelung an engem Stot ze switchen. Et huele mëttlerweil gradesou vill Pappé wéi Mammen de Congé parental, an ech fannen dat eng super Saach. Dat ass e risege gesellschaftleche Fortschrétt an deen ass duerch dës Reform méiglech gemaach ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - D'DP wëllt awer op dësem Wee weiterfueren. Mir däerfen net stoe bleiwen a mir müssen an Zukunft weider Efforte maachen, fir d'Work-Life-Balance hei am Land ze stäerken.

Méi Zäit mat senge Kanner, awer och fir sech selwer ze verwierklechen, dat wäert och d'Recht op Deelzäit erlaben. Et wäert de Leit d'Méiglechkeet ginn, eng Zäitchen op der Aarbecht méi kuerz ze trieden, ouni musse Pensiounsrechter anzébéissen. De Staat wäert fir si en Deel vun de Cotisatiounen iwwerhuelen, eng Win-win-Situatioun also.

Während dem Confinement hu sech zum Beispill vill Leit och méi flexibel Aarbechtszäite gewünscht. Dofir setzt d'DP sech scho méi laang an, a mir brauchen och méi Flexibilitéit an der Aarbechtswelt. De klaseschen „9-to-5“ entsprécht, mengen ech, net méi de Virstellungen an och net de Besoinne vu ganz ville Leit. A mir wëllen, dass d'Aarbechtszäiten individuell tëschent dem Salarié a sengem Patron kënnen ausgehandelt ginn. Dat stäerkt gläichzäitig och de Sozialdialog an de Betribler.

D'Reeglung vun der maximaler Aarbechtszäit den Dag an d'Woch soll dobäi natierlech bestoe bliwen. An dozou gehéieren natierlech och d'Zouschléi fir d'Feierdeeg an d'Sonndeger.

Och d'Dezentraliséierung vun der Aarbecht gëtt fir ëmmer méi Leit wichteg. Hei kënn eis Iddi vun de Coworkingspaces erëm an d'Spill. D'Coworkingspaces, dat si Büroen, déi vu méi Entreprisë kënnen genotzt a gedeelt ginn. An ech si frou ze héieren, dass déi Iddi soll ausgebaut ginn.

Esou Strukture beliwen net nëmmen de ländleche Raum an d'Regiounen, mee si droen och haaptsächlech zu enger besserer Liewensqualitéit bäi. Den Aarbechtswee verkierzt sech, et verléiert ee manner Zäit am Auto, an déi Zäit huet ee méi fir sech a fir seng Famill.

Dat selwecht gëllt natierlech och fir den Teletravail, deen och no der Kris attraktiv bleift. A mir wëllen dëst Instrument zousätzlech férdere. Esou hu mer zum Beispill dru geduecht, am Klimaplang steierlech Ureizer fir Betribler a Salarié virzegesinn, déi vum Teletravail profitéieren.

Här President, eis Aarbechtswelt ass scho laang am Wandel, dat ass gewëss, an d'Kris huet dëst Bewosstsäin nach eng Kéier staark acceleréiert. D'DP ass gewëllt, op deem ageschloene Wee vun der Flexibiliséierung vun der Aarbecht virunzufueren an de Leit méi Zäit ze gi fir hir Famill, fir hir Frënn an awer och fir sech selwer.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Oft, wann iwwert d'Aarbecht geschwat gëtt, kënn ee Statut ze kuerz. An de leschten zwee Jore krute mir virun Ae gefouert, dass d'Independanten a Krisesiatiounen net déi selwecht Rechter wéi d'Salarié hunn, an dat obwuel och si cotiséieren a souguer duebel. An trotzdem: Si hunn zum Beispill kee Recht op Chômage partiel am Fall vun engem Lockdown.

Aus der Siicht vun der Demokratescher Partei muss och de Statut vum Independant op de Leescht geholl ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Esou eng Ongerechtegkeet dierf eiser Meinung no net weider bestoen.

A meng Fraktiounskolleegin Carole Hartmann huet an dësem Zusammenhang eng Interpellatioun ugefrot, a mir wäerten am Kader vun där Interpellatioun eng ganz Rei Propositionen op den Dësch leeën.

Fir d'Independanten an awer och déi Kleng- a Mëttelbetribler war d'Pandemie keng einfach Zäit. Déi meescht Secteure goufe ganz ferm gerëselt a besonnesch staark huet dat den Evenementiell, den Tourismus, d'Kultur an och d'Horeca betrafft.

Ech si frou ze soen, dass mer déi Betribler net am Ree stoe gelooss hunn, ganz au contraire. Mir stoungen a mir stinn hinne mat enger Hellewull vun Aiden zur Säit. Verschidden Aiden hunn d'Betribler queesch aus alle Secteure betrafft, anerer ware méi spezifesch op Secteuren ausgeriicht, déi am stäerkste vun der Pandemie betrafft waren.

Et huet missen an et ass och séier agéiert ginn. Ënner anerem de Mëttelstandsminister Lex Delles a seng Servicer setze bis haut alles drun, fir esou onkomplizéiert wéi méiglech an esou schnell wéi méiglech kënnen ze hëllefen. Bis ewell goufen och hei 500 Milliounen Euro un eis Betribler an Independanten a Form vun direkten Hëllef an Aide-remboursablen ausbezuelet, an dës zum groussen Deel iwwert de Mëttelstandsministère.

Wann ech elo déi 1,5 Milliard vu virdrun huelen an ech huelen déi 500 Milliounen hei, déi mer gutt investéiert hunn, fir d'Kris ze huelen, dann, mengen ech, versteet awer deen een oder aneren heibannen, firwat dass déi Steuerreform net zu dësem Moment elo méiglech ass.

Net méi spéit wéi e Méindeg si mer och gewuer ginn, dass d'Hëllef nach eemol fir déi vulnerabelst Betribler verlängert ginn. E grouesse Merci u mäi gudde Frënd, de Mëttelstandsminister Lex Delles, fir säi vollen Asaz an dëser Pandemie!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Genee wéi an dëser Kris zweifelen ech keng Sekonn drun, dass mer och an Zukunft op säin Engagement ziele kënnen, fir d'Erausforderunge vum Mëttelstand unzegoen, no-tamment och am Beräich vun der Digitaliséierung.

An d'Pandemie huet eis gewisen, wéi wichteg dass d'Digitaliséierung ass, an dass mir duerfir eng performant, sécher a fiabel digital Infrastruktur brauchen. Mam Budget 2022 ginn d'Efforten an deem Beräich nach eng Kéier ënnerstrach. Eleng fir déi kommend véier Joer soll 1,1 Milliard investéiert ginn. Dat betrëfft souwuel déi digital Strukturen ausserhalb vum Staat wéi och Projeten innerhalb vum Staat.

Den Ausbau an d'Verbesserung vun dësen Infrastrukturen ass e wichtige Standuertfacteur fir Lëtzebuerg. Do entsti Chancë fir eist Land, an do musse mer och um Ball bleiwen.

Nieft dem Potenzial fir eis Wirtschaft huet d'Digitaliséierung och e groussen Afloss op dat deeglecht Liewe vun de Leit. An d'Pandemie huet eis dat nach eng Kéier androcksvoll vermëttelt. Bei aller berechteter Euphorie iwwert d'Digitaliséierung, musse mer derfir suergen, dass och jiddweree vun der Digitaliséierung ka profitéieren, a mir däerfen do keen ënnerwee verléieren. Stéchwuert: digital Inklusioun.

D'DP begrëisst an deem Sënn de Plan national d'inclusion numérique, deen de Minister Marc Hansen kierzlech virgestallt huet. Dëse Plang gesäit eng ganz Rei vun Initiative vir, fir déi digital Inklusioun vun eiser Gesellschaft ze garantéieren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Dat geet vun engem besseeren Accès op déi digital Welt iwwer spezifesch Formatiounen, déi ugebuede ginn, bis hin zu Initiativen, déi d'Motivatioun solle férdere, fir sech mat den digitale Moyenen auserneezenesetzen.

Zum Klima: De Klimawandel, d'Klimakris, an där mer eis befannen, betrëfft eis an all eise Liewensberäicher. Déi lescht Jore an Méint hu sech d'Konsequenze vum Klimawandel och zu Lëtzebuerg bemierkbar gemaach. Wiederphenomeener, déi mer soss nëmmen aus dem Ausland kannt hunn, sinn och bei eis ëmmer méi heftig ginn. Platzreen am Summer, deen eis Baachen a Flëss aus hire Better hieft a fir Iwwerschwemmunge suert, awer och laang, laang Dréchten, déi eis Landwirtschaft viru seriö Erausforderunge stellen. Alles dat féiert eis virun Aen, dass mer et net mat iergendeppes Ab-





straktem ze dinn hunn, mee dass d’Klimakris och zu Lëtzebuerg ukomm ass.

Mir müssen agéieren, a wat méi séier, wat besser. Dat heescht, dass mer eis müssen a Fro stellen, wéi mer fonctionéieren als Eenzelnen an awer och als Gesellschaft. Mir müssen nodenken an de Beräicher Logement, Mobilitéit, Energieversuergung a villes méi. An dat verlaangt vu jiddwerengem, vun all Eenzelnem e Mentalitéitswiessel. An dee kréie mer nëmmen hin, wa mer och jiddweree mat op de Wee huelen. Dat ass fir d’Demokratesch Partei ganz kloer.

Klimapolitik mécht een net géint d’Leit, Klimapolitik mécht een net laanscht d’Leit, mee Klimapolitik kann een nëmme mat de Leit zesumme maachen. Mir brauchen d’Akzeptanz vun de Mesuren, zum Beispill andeem d’Leit aktiv matagebonne ginn, fir weider Schrëtt am Klimaschutz ze goen.

An de Klimaschutz wäert eis déi nächst Jore vill, vill Geld kaschten. Och hei ass et deemno émsou méi wichteg, dass eis Klimapolitik matgedroe gëtt. Mir müssen derfir suergen, dass dës Politik sozial ofgefiedert gëtt - do, wou et ubruecht ass.

Mir müssen eis awer och bewosst sinn, dass mer keen anere Wee hunn, ewéi d’Klimakris zesummen unzegoen. Well keng ambitiéis Klimapolitik, dat gëtt eis herno e vill, vill, vill méi deiere Wee!

Am rezentsten IPCC-Rapport ass den Eescht vun der Lag nach eng kéier kloer duergestallt. Wa mer keng staark Mesuren ënnerhuelen, da wäerte mer déi +1,5 C-Erhéijung vun den Temperature schonn 2035 erreechen, also an e bësse méi wéi zéng Joer.

Mir sollen awer elo guer net fatalistescht sinn, well de Rapport ass et och net. Mee mir hunn et an der Hand, fir elo eist Land an eis Welt an déi richteg Richtung ze lenken.

Dës Regierung huet vun Ufank un hir Responsabilitéiten am Klimaschutz ganz, ganz eescht geholl a Prioritéite gesat. A mäi Kollege Max Hahn wäert de Mëtteg méi am Detail drop agoen, mee ech wëll elo schonn ënnersträichen, dass considerabel Efforte gemaach gi sinn, notament fir eng klimafrëndlech Mobilitéit ze fërderen, fir déi erneierbar Energie massiv auszubauen a fir d’Emissiounsneutralitéit am Wunnen an Heizen hinzekréien.

D’Regierung huet Rekordinvestitiounen an den ëffentlechen Transport ënnerholl, sief dat den Tram, den Ausbau vum Schinnennetz, Park & Ride-Anlagen oder natierlech och de gratis ëffentlechen Transport.

Jo, an et gouf eng CO<sub>2</sub>-Steier agefouert! Ech hu virun dovun geschwat, dass mer jiddweree mathuele müssen. A genau dat gëtt hei gemaach. Virun allem Leit mat kleng Revenuen, déi awer op den Auto ugewise sinn, do ass dës CO<sub>2</sub>-Steier eng Belaaschtung. A mir hunn dowéinst fir déi méi kleng Revenuen de Crédit d’impôt fir Salariéen, Independanten a Pensionären ëm 96 Euro d’Joer erhéicht. Et ass eng wichteg Measure, fir dat heite sozial ofzefiede-

ren. D’Klimapolitik kann nëmmen Hand an Hand goe mat enger sozialer Gerechtegkeet.

De Budget 2022 wäert dës Efforten nach eemol verstärken. Joer fir Joer wäerte méi héich Investissementen an de Klimaschutz getäteg ginn. Ronn 765 Milliounen Euro, dat ass de Montant, dee fir d’nächst Joer virgesinn ass fir Investissementen am Beräich Nohaltegkeet. An eleng dës Investissementen wäerte bis 2024 op 975 Milliounen klammen.

Zum Logement: Dat, mengen ech, ass fir jiddweren heibannen eng vun den Haaptprioritéiten an och fir eis. A mir müssen, gradesou gutt wéi mer un déi Klimakris eruginn, och de Logementsproblem an Ugrëff huelen. Et ass eng absolutt Prioritéit, ech mengen, net nëmme vun der Regierung, mee vu jiddwerengem, deen heibanne sëtzt.

De Wunnengsbauprobem ass jo net vu gëschto haut entstanen. A wa mer éierlech sinn, wäerte mer de Wunnengsbauprobem och net vun haut op muer geléist kréien. Fakt ass awer, dass de Logement och ëmmer méi zu engem grouse soziale Problem hei am Land gëtt, an dat musse mer eis agestoen.

Parteien vun alle Faarwen hunn et bis ewell net fäerdegbruecht, fir déi Präisspiral ze brieche. An d’Pandemie an och hiren Impakt op d’Liwwerketten hunn d’Präisser nach eng kéier massiv an d’Luucht gedriwwen. An och iwwert déi nächst Zäit wäert déi Evolutioun do Spueren um Wunnengsbaumarché hannerloossen.

Dës Regierung huet awer scho gewisen, dass se sech net scheit, alles drunzesetzen, fir der Situatioun Här ze ginn. Ënner anerem gouf mam Pacte Logement 2.0, dee mer virum Summer hei gestëmmt hunn, awer e Paradigmewiessel agelaut, an zwar andeems Staat a Gemengen endlech an de Besëtzt vu Bauterrain kënnen kommen, op där enger Säit, an op där anerer Säit, well awer och méi dense ka gebaut ginn.

D’Gemenge kënnen a se müssen am Logement och hir Responsabilitéit iwwerhuelen. A menger Gemeng, zu Jonglënster, schaffe mer grad un zwee Wunnengsbauprojekte fir abordable Wunnraum op Terrainen, déi eis gehéieren. Do entstinn eelef Haiser, zéng Appartementen an eng Surface commerciale. Mir wäerten op dësen Terrainen, déi der Gemeng gehéieren, Wunnunitéite schafen, déi mer iwwer e Bail emphytéotique iwwer 99 Joer un d’Leit, déi e Lien mat eiser Gemeng hunn, verkafen. Si dierfen net scho Propriétaire vun engem Immeubel sinn, si musse selwer an déi Wunneng plënnere si kréien och déi Plus-value, déi herno kéint erauskommen, vun Ufank u fixéiert, soudass mat deem doten Objet net ka spekuléiert ginn.

Dat ass nëmmen ee Beispill, wéi um lokalen Niveau Wunnraum zu engem erschwéngleche Präis kann entstoen, well ech kennen och de Präis um Meterkaree, deen hei wäert gefrot ginn, an dee läit daitlech ënnert dem Marchépräis, deen am Moment zu Jonglënster gefrot gëtt.

Um nationalen Niveau, do ass och vill passéiert. Mir hunn Abusen ofgeschaaft - Stéchwuert FIS immobilier - an awer och aner steierlech Mesuren ergraff. A mat enger Ur-DP-Iddi, dem Baulandvertrag, wäerte mer derfir suergen, dass weider méi Terrainen kënnen mobiliséiert ginn.

Doriwwer eraus wäerten zwou Ukënnegunge vum Premier, d’Grondsteuerreform an d’Schafe vun engem nationale Wunnengsregëster, wichteg Hiewele sinn, fir dem Logementsproblem entgéintzesteieren. An och dorobber wäert mäi Fraktiounskollege Max Hahn méi am Detail agoen.

Här President, ech komme scho bal zum Schluss. Mat dësem Budget setze mer alles drun, fir d’Liewensqualitéit vun de Bierger zu Lëtzebuerg weider ze verbessere, Aarbechtsplazen ofzesécheren a besonnesch deene Schwächsten an eiser Gesellschaft weider ënnert d’Äerm ze gräifen.

Mam Budget 2022 ënnersträicht d’Majoritéit op en Neits hir Bestriewungen, fir Lëtzebuerg méi gerecht ze maachen. Mam Budget 2022 gëtt de sozialliberale Fueдем vun dëser Koalitioun weidergesponnen. Mam Budget 2022 leet d’Regierung ganz kloer no beim Kampf géint de Klimawandel. Mam Budget 2022 lafen d’Investitiounen weider op Rekordniveau. A mam Budget 2022 gëtt weider déi Politik ëmgesat, déi d’Regierung an de leschte Joren op d’Schinn bruecht huet. Mir notzen déi Chancen, déi sech eis bidden, an dat trotz der Kris.

An am Numm vu menger Fraktioun dierf ech soen, dass mir dës Budget natierlech wäerte muer de Moie matstëmmen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Ech sinn nach net fäerdeg. *(Hilarité)*

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - A ...

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Ech hätt misse Bescheed soen. Ech wëll awer, ech hu virdu gesot, dass et wierklech en aussergewöhnleche Budget an aussergewöhnlechen Zäite wär. De Budget 2022 ass och aussergewöhnlech, well et dee leschten ass vum Finanzminister, vum Här Pierre Gramegna.

Ech wëllt hei vun der Geleeënheet profitéieren, Pierre, fir dir am Numm vun der Fraktioun e ganz grouse Merci ze soen. Merci fir déi kolleegial Zesummenaarbecht, déi mer an deenen aacht Joer haten, a merci och fir däin onermiddlechen Asaz an all deene Joren.

Wa mer haut zu Lëtzebuerg do stinn, wou mer stinn, dann ass dat och e Verdéngscht vum Pierre Gramegna! Heiheim an awer och op der europäescher an internationaler Bün hues du, Pierre, ëmmer d’Interête vu Lëtzebuerg, awer och vun der Europäescher Unioun als Ganzt an de Vierdergrond

gesat. Du hues mat Wäitsicht fir d’Wuel vum Land gehandelt. Du hues dech och derfir agesat, dass mer gesond Staatsfinanze kritt hunn, dass mer gesond Staatsfinanzen halen an och dass mer d’Scholdespiral gebrach kréien.

Net ze vergiessen d’Steierreform vun 2017, déi besonnesch déi kleng a mëttel Akommesse ganz staark entlaascht huet.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - An déi Steierreform huet derzou bäigedroen, fir d’Kompetitivitéit vun eise Beriber ze stärke. D’Steierreform vun 2017 huet och d’Dier opgemaach zu engem méi moderne Steiersystem - Stéchwuert: optional Individualiséierung.

Mir hunn haut eng Finanzplaz, déi sech net méi op groen oder schwaarze Lëschte befënn. Trotz ville Widerstänn si mer konsequent de Wee vun der Transparenz gaangen a mir halen haut all europäesch an international Standarden an, ouni dass dat eiser Finanzplaz geschuet hätt. Ganz am Géigendeel, eis Finanzplaz steet esou gutt do wéi nach ni virun. Eis Finanzplaz ass haut esou grouss, wéi se virun nach ni war.

Eis Finanzplaz huet sech déi lescht Joren - elo gëtt et schweier, et komme vill „z“ - an der Spezialisatioun diversifizéiert, wéi de Kollege André Bauler elo op dëser Plaz hei géif soen, well fréi erkannt gouf, dass an den nohaltege Finanzen, dat ass ganz wichteg, en enormt Potenzial géif leien. A mir gehéieren haut zu de Leaderen op deem dote Gebitt.

An net ze vergiessen, dass mer e considerabelen Ekosystem am FinTech-Beräich opgebaut hunn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Pierre, du bass an deenen aacht Joer och duerch ganz stiermesch Zäite gaangen. D’Transitioun vun eiser Finanzplaz, wéi ech elo just gesot hunn, awer och de Brexit an d’Coronakris gehéiere sonnerzweifel zu de gréissten Erausforderungen, déi s du als Finanzminister an deenen aacht Joer ze geréieren has, an du hues dat mat vill Geschéck am Interêt vu Lëtzebuerg gemaach.

Pierre, mir soen dir Merci dofir a mir wënschen dir elo ganz, ganz vill Zäit an eng ganz, ganz flott Zäit mat denger ganzer Famill.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

*(Applaudissements)*

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gilles Baum.

Mir fueren haut de Mëtten um 14.00 Auer mat den Debatten iwwert de Budget weider.

D’Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 11.50 heures.)*



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2022 [...]

et

### 7879 - Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025 (suite)

- Discussion générale (suite) : M. Georges Engel - Mme Josée Lorsché (interventions de M. Gilles Roth et M. Claude Wiseler) - M. Fernand Kartheiser (dépôt des motions 1 à 8) (interventions de M. Gilles Roth, M. Mars Di Bartolomeo, M. Fred Keup, M. Roy Reding et M. Georges Engel) - Mme Nathalie Oberweis (interventions de M. Max Hahn et M. Fernand Kartheiser) (dépôt de la motion 9) - M. Sven Clement (interventions de M. Fernand Kartheiser, Mme Stéphanie Empain et M. Gilles Baum) (dépôt des motions 10 à 12) - M. André Bauler (intervention de M. Carlo Back) - M. François Benoy - M. Max Hahn (interventions de M. Gilles Roth et M. Roy Reding)

### 3. 7915 - Proposition de modification des Annexes 4 et 5 du Règlement de la Chambre des Députés

- Rapport de la Commission du Règlement : M. Roy Reding

- Discussion générale : M. Léon Gloden - M. Gilles Baum - M. Mars Di Bartolomeo - Mme Josée Lorsché (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - Mme Myriam Cecchetti - M. Sven Clement

- Vote sur l’ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Pierre Gramegna et M. Marc Hansen, Ministres.**

*(La séance publique est ouverte à 14.02 heures.)*

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech maachen d’Sitzung op. Huet d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

*(Négation)*

Dat ass net de Fall.

### 2. 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2022 [...]

### 7879 - Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025 (suite)

D’Chamber fiert de Mëtte mat den Debatten iwwert de Staatsbudget fir d’Joer 2022 an iwwert d’Programmation financière pluriannuelle weider. An den éischten ageschriwwene Riedner fir de Mëtten ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d’Wuert.

■ **Une voix.** - Très bien!

*(Discussion générale (suite))*

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, jo, dat heite wäert méi eng faarweg Ried ginn, eng ...

■ **Une voix.** - O mei!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... rout-blo-gréng-faarweg Ried ...

*(Interruption)*

... par rapport, oder am Géigesaz zu där Schwaarz-molerei, déi aner Leit hei gemaach hunn.







Reprise vun am Ganze 7 % gerechent, a fir 2022 vun engem Wuesstum vun net manner wéi 3,5 %.

Den FMI an d'EU-Kommissioun leien an hire Previsiounen fir dëst Joer mat 5,5 % respektiv 5,8 % zwar llicht dodrënner, mee fir d'nächst Joer si béid Institutiounen dofir méi optimistesesch.

Wéi et an nächster Zäit an eiser wirtschaftlecher Entwécklung wäert weidergoen, dat hänkt natierlech och ganz staark vun der sanitärer Situatioun of. Eis wirtschaftlech Aktivitéit grad ewéi dat soziaalt Liewen hänken och dervun of, wéi et mat der Covidsituatioun weidergeet. An déi evoluéiert jo och a Wellen, grad ewéi dann och eis soziaalt Liewen och e bëssen an deene Welle matevoluéiert.

Wann et eis d'sanitär Situatioun erlabe wäert, erëm gréisstendeels an enger längerer Zäitfënster zu enger Normalitéit zrëckzefannen, da wäerten d'Leit och erëm hiert Erspuertes méi an d'Ekonomie zrëckflësse loossen. Hei ass iwwregens e wichtege Hiwiel fir eise wirtschaftleche Wuesstum, well de Statec huet ausgerechent, dass mer e Surplus hei zu Lëtzebuerg hu vun Erspuertem, dee sech ëmmerhin op 1,8 Milliarden Euro beziffert.

Verschiede Secteure sinn natierlech méi staark vun der Pandemie betraff gewiescht wéi anerer. Nach ass et esou, dass déi besser sanitär Situatioun iwwert de Summer der Ekonomie insgesamt erëm Loft ginn huet.

D'Industrie konnt an deenen éischten aacht Méint vun dësem Joer hire Chiffre d'affaires ëm 15,8 % ausbaue par rapport zum leschte Joer. An der Konstruktioun ginn zwee Drëttel vun den Entrepreneuren am Moment vun enger Stabiliséierung vun hirer Aktivitéit aus, an dat trotz den Erausforderunge vun hirer Aktivitéit, trotz der Penurie vun de Matière-premièren an trotz dem Manktum u Personal.

Wéi scho kuerz beschriwwen, hält sech de Finanzsektor relativ gutt. D'Unzuel vun de Banken am Grand-Duché bléift stabil. D'Bilanen am Bankesecteur sinn am Juli ëm 7 % geklomme par rapport zum Joer virdrun. Dat weist, dass an der Zomm de Lëtzebuerger Bankesystem op ganz zolitte Féiss steet.

D'Fongenindustrie, eng ganz wichteg Industrie bei eis, huet den éischte Schock vun der Pandemie ganz gutt ofgefiedert kritt. D'Aarbechtsplazen, déi um Bankesecteur drunhänken, bleiven éischter stabil. Mir hunn do eng kleng Hausse vun 0,3 % am zweeten Trimester 2021.

Aussergewéinlech gutt ass d'Entwécklung um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart insgesamt gewiescht. Mir sinn an der EU bei Wäitem dat Land, dat um Niveau vum Emploi d'Pandemie am beschte gemeeschtert huet. D'lescht Joer hu mir, alle Widdregkeen zum Trotz, nach bal 2 % Croissance um Niveau vum Emploi gehat. An der Eurozon, just zum Verglach, ass den Emploi d'lescht Joer ëm 1,5 % agebrach. Am Oktober ass de Chômageaux erëm op 5,4 % zrëckgaangen an huet esou zum Niveau vu virun der Kris zrëckfonnt.

Dës aussergewéinlech glécklech Situatioun ass natierlech keen Zoufall, mee se ass d'Resultat vun enger generéiser an effikasser Politik vum Chômage partiel, dee während der Pandemie gräife konnt an deem dem Statec no an der éischter Well vun der Pandemie 15.000 - 15.000! - Aarbechtsplaze gerett huet. Déi 810 Milliounen, déi de Chômage partiel eis kascht huet, waren all Su wäert! All Su wäert!

■ **Une voix.**- Richtig!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Fir 2021 gesinn d'Previsiounen vum Statec eng Croissance vum Emploi vun net manner wéi 3 % vir. Och wa mir zu Lëtzebuerg vläicht esou favorabel Zuele gewinnt sinn a se duerfir scho bal als selbstverständlech ophuelen, esou muss een dach feststellen, dass dëst alles anescht wéi selbstverständlech ass.

An dofir bitt sech och emol hei eng Kéier de Verglach un, iwwert d'Grenzen ze kucken. D'EU-Kommissioun geet fir 2021 um Niveau vun der Europäescher Unioun vun enger Croissance vum Emploi vun 0,8 % aus. Mir leien an eiser Croissance hei also verhältnisméisseg dräimol!, dräimol sou héich wéi den Niveau vun der EU.

Grad ewéi an anere Regione vun der Welt sinn och mir zu Lëtzebuerg betraff vun der Inflatioun. Am Oktober ass den Inflatiounstaux bei 3,6 % par rapport zum Virjoer gewiescht. Net manner wéi d'Hallschent explizéiert sech natierlech duerch d'Energiepräisser, dat ass jo och schonn de Moien ugeschwat ginn. Am November ass d'Inflatioun par rapport zum Virjoer bei 4,5 %. D'Präisser vun de Produiten, déi aus dem schwärze Gold gewonne ginn, sinn am Oktober ëm 49 %, op ee Joer gekuckt, geklommen. An op ee Mount gekuckt ass d'Hausse am Oktober bei 10,5 %.

Dës Evolutioun trëfft alleguer d'Bierger, mee si trëfft se net alleguer d'selwecht. Et ass aus deem Grund eng wichteg politesch Decisioun gewiescht, d'Allocation de vie chère fir d'nächst Joer ëm mindestens 200 Euro ze héijen, nodeems dëst Joer schonn eng strukturell Hausse vun 10 % bei der Allocation de vie chère gewiescht ass.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Net ze vergiessen ass och d'Augmentatioun vum Crédit d'impôt fir dëst Joer, déi bei deenen ënneschte 40 % vun de Menagen d'CO<sub>2</sub>-Steier en moyenne souguer integral ausgläiche konnt. Et duerf op kee Fall esou sinn, dass an engem räiche Land wéi Lëtzebuerg et zu Situatiounen kënnt, an deene Leit am Wanter doheem kal sëtze mussen!

Wann de makroekonomesche Kontext méi erfreelech gëtt, dann huet dat natierlech e positiven Nidderschlag op déi ëffentlech Finanzen. Dëst stécht net nëmmen an deene béide Budgetsdokumente eraus, wann ee mam PSC vun 2021, vun dësem Fréijoer, oder mam Pluriannuel 2020-2024 vum Oktober 2020 vergläicht. Déi besser Konjunktur huet e ganz evidenten Nidderschlag an de Previsiounen zur Exekutioun vum Budget fir 2021. Den 31. Oktober hu mir effektiv en Iwwerschoss vu 96 Milliounen Euro am Zentralstaat gehat. Och wann een net duerf ze séier vun dësem État des lieux op dat ganz Budgetjoer schléissen, esou ass et awer erfreelech, dass d'Recetten ëm bal 17 % méi héich leie wéi an der nammlecher Zäit vum leschte Joer.

Dës Dynamik erkläert sech zu engem substanzuelen Deel aus dem Impôt sur la production an dann, innerhalb vun dëser Kategorie, aus der Perception vun der TVA. 95 % vun den TVA-Recetten, déi am Budget voté ageschriwwen sinn, hu mir Enn Oktober schonn erakritt. Bei der Taxe d'abonnement hu mer 115 % vun den ageschriwwene Recettë vum Budget voté erakritt. Bei der Lounsteuer hu mir schonn Enn Oktober eng Progressioun vu bal 8 % par rapport zum nammlechten Zäitraum vum Joer virdrun.

D'Depensé si plutôt stabil bliwwen, wat sech an éischer Linn duoderger erkläert, dass manner „prestations sociales autres qu'en nature“ ausbezuegt gi sinn. Dat generéist soziaalt Netz, dat mir zu Lëtzebuerg hunn, huet also dëst Joer scho missen an Usproch geholl ginn. Mir sinn awer frou, dass mer esou e generéist Netz hunn an ech kommen herno nach dorobber ze schwätzen.

Fir eis als LSAP ass et vun zentraler Bedeitung, dass mir e gesonden Equilibre behalen tëschent der Steuerlaascht op der Aarbecht an der Steuerlaascht um Kapital. 2013 hate mir, wann een déi grouss Steierkategorie kuckt, 60 % vun der Steuerlaascht op de Personnes physiques a 40 % op de Personnes morales. Duerch d'Steierreform vun 2017 huet dës Majoritéit et fäerdegbruecht, dass mir am Joer 2019 nach just 53 % vun der Steuerlaascht op de Personne-physiquë leien haten a 47 % vun der Steuerlaascht vun de Firmen hu misse gedroe ginn.

Mir wäerten analyséiere mussen, inwiefern d'Pandemie dës Entwécklung am Sënn vun der Steiergerechtegkeet beaflosse wäert, an den Trend, dee geet fir eis an déi richteg Richtung, nach musse mer eis awer net mat deem Resultat hei zefridde ginn.

De Solde nominal vum Gesamtstaat wäert dem Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle no fir d'Joer 2024 erëm en Iwwerschoss affichéieren. Dës Entwécklung ass eng wichteg Saach, well mir als LSAP der Meinung sinn, dass gesond Staatsfinanzen de Prerequis sinn, fir eise staarke Sozialstaat ze erhalen an och nach weider kontinuierlech auszebauen.

Par rapport zum Pluriannuel 2020-2024 vum leschte Joer sinn d'Recettë vum Gesamtstaat fir 2021 ëm 7,7 % no uewe revidéiert ginn, fir d'nächst Joer ëm 6,8 %. Dee bessere Solde vum Gesamtstaat ...

Ech drénken eppes. Wann et elo roueg ass, da kucken d'Leit och ëmmer.

Dee bessere Solde vum Gesamtstaat ass natierlech enk verbonne mam Assainissement um Niveau vum Zentralstaat. Den Defizit vum Zentralstaat geet vun 1.247 Milliounen - also minus 1,7 % vum PIB - d'nächst Joer graduell erof a wäert um Enn vun der Projektionsperiod 2025 nach bei 732 Milliounen leien, 0,9 % vum PIB.

An och bei de Gemenge wäert sech déi finanziell Situatioun daitlech entspanen. Alleguer d'Gemegepolitiker si jo bestëmmt elo frou, dat ze héieren, en huet en moyenne wäert sech iwwert d'Period 2022-2025 de järelechen Iwwerschoss bei der Administration locale op 249 Milliounen belafen. An deene leschte véier Joer virun der Pandemie louch den Iwwerschoss bei 190 Milliounen. Vun 190 also elo op 249 Milliounen. Dat ass och eng gutt Entwécklung, well d'Gemenge brauchen och genuch budgetär Mëttelen. Si kréien ëmmer méi Aufgaben, si sinn awer och e ganz wichtege wirtschaftleche Facteur a si brauchen déi Suen och, fir hire villfältigen Aufgaben och kënnen gerecht ze ginn.

Manner favorabel gesäit d'Situatioun beim Secteur vun der Sécurité sociale aus. Par rapport zu eise direktem Ausland natierlech ass déi finanziell Situatioun vun der Sécurité sociale excellent, mee par rapport zu eisen historiesche Moyennen zu Lëtzebuerg ass dat awer manner de Fall. 2022 ass den Iwwerschoss vun der Sécurité sociale bei 1,2 %

vum PIB. Dësen Iwwerschoss wäert 2025 nach bei 0,9 % leien. En moyenne wäert deemo de järelechen Iwwerschoss tëschent 2022 an 2025 bei 795 Milliounen leien. An absolutten Zuelen ass d'Evolutioun manner dramatesch wéi wann een déi relativ Zuelen am Verhältnis zum PIB als Referenz hält.

Et ass och nëmmen eng logesch Konsequenz, dass sech bei der Sécurité sociale den Impakt vun der Covid-19-Pandemie an engem besonnesche Mooss erëmispigelt. Par rapport zum PSC 2021, vum Abrëll dëst Joer, sinn d'Projektiounen awer ëmmer nach e gutt Stéck besser. En moyenne sinn am Pluriannuel 2021-2025 eng gutt 100 Milliounen méi am järeleche Solde projezéiert, wéi dat nach am PSC vun 2021 de Fall war.

Dee Solde do erkläert sech jo zu engem substanzuelen Deel duerch den Excedent um Niveau vum Régime général des pensions. Et ass natierlech evident, dass déi demografesch Entwécklung bei den Depensé vun der Pensiounskeess eng eminent wichteg Roll spillt. Op d'Period 2019-2021 gekuckt ass d'Zuel vun de Beneficiairen en moyenne ëm 3,6 % geklomm. Tëscht 2017 an 2019 waren et der 3,2. Et stellt een deemno fest, dass hei eng Entwécklung stattfënnt an déi muss ee genau suivéieren. Mee och hei muss een nuancéieren, well och hei ass net alles schwaarz a wäiss.

De rezentsten „Ageing Report“ weist eis nach eng Kéier, dass eis Sozialsystemer musse méi viabel opgestallt ginn, mee och den „Ageing Report“ huet seng methodologesch Limiten, wéi eis de Conseil national des finances publiques nach eng Kéier confirméiert huet. Wichteg ass an deem Kontext, dass mir d'Aarbechtsleeschtung vun eise Frontalieren, déi Dag fir Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen, hei brauchen, fir eise Sozialsystem weider ze finanzéieren. An an deenen nächste Jore musse mer eis wirklech heimadder besonnesch beschäftegen.

2020 ass fir d'Sécurité sociale natierlech e ganz exzeptionellt Joer gewiescht. D'Depensé sinn d'lescht Joer ëm 10,7 % geklommen. Op der Säit vun de Recetten ass eng exzeptionell budgetär Dotatioun vun 386 Milliounen gemaach ginn, eng Kéier ee groussen Deel direkt, an déi aner kommen dann op déi nächst Jore verdeelt. Déi Mesures d'urgence, déi d'Regierung geholl huet an déi d'CNS ëmgesat huet, waren néideg, well esou sozial Mesurë wéi de Congé pour raisons familiales eis wirklech geholfen hunn, gutt duerch déi schlémmsten Zäit vun der Pandemie ze kommen, mat engem Minimum, wann een dat kann esou soen, u sozioekonomeschen a psychologesche Sequellen.

(*Interruption*)

Ech komme bei d'Investissementen. Iwwert d'Period 2020-2025 wuessen eis Ausgaben um Niveau vun den Investissementen am Zentralstaat ëm 7,9 % d'Joer. Deemno läit eisen Effort d'investissement iwwert déi Period en moyenne bei 4,5 % vum PIB. Mat dësen Zuele stelle mir d'Weiche fir dat Lëtzebuerg vu muer. E Lëtzebuerg, dat dynamesch ass. E Lëtzebuerg, dat eng héich Liewensqualitéit bitt, well et all eise Bierger qualitativ héichwäerteg Infrastrukturen zur Verfügung stellt.

Op d'Period 2022-2025 belafe sech déi direkt an indirekt Investissementen am Zentralstaat op 13,9 Milliarden Euro! Dat alles si Sue fir eis Leit, déi hei wunnen, a fir eis zukünfteg Generatiounen. Dat sinn Investor an d'Zukunft. An och dat ass en Apel fir den Duuscht!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Wann déi ambitiéis Investissementspolitik vun dëser Regierung sech mëttlerweil an eng gewësse Kontinuitéit aschreift, sou ass et awer derwäert ze gesinn, dass ons Ambitiounen nach eng Kéier acceleréiert ginn. Déi direkt Investissementen vum Gesamtstaat louchen tëschent 2000 an 2018 bei 4,13 % vum PIB. Si belafe sech 2021 - 4,13 % hunn ech virdru gesot - elo op 4,3 %, an 2025 wäerte se bei 4,7 % vum PIB leien. Also eng kontinuierlech Steigerung. A Prozenter mécht dat net vill aus, mee a Sue mécht dat herno ganz vill aus!

Als LSAP begrësse mer, datt d'Regierung net op de Wee vun der Austeritéit gaangen ass. Elo de Rimm wëlle méi enk zéie wier net nëmmen dat falscht Signal no baussen, et géif virun allem och riskéieren, déi fragill Reprise ofzewiergen. Héich Investissementen, och a Krisenzäiten, halen dogéint d'Ekonomie um Lafen. An doriwwer eraus séchere se de kommende Generatiounen hir Perspektiven och nach eng Kéier zousätzlech mat of.

Ech kommen zu deem sozialen Deel. An do kann ech mengem Kolleeg, dem Gilles Roth, leider net Recht ginn. En huet gesot, et wär keng sozial Dimensioun an dësem Budget mat dran. Ech mengen, en huet en anere Budget gelies, well 47 % - 47 %! - vun den Ausgabe vun dësem Budget kann een ënnert dat Soziaalt schreiwen. Dat ass eng enorm Zomm an dat ass och gutt esou! A mir wäerten dat och weider esou verteidegen. Duerfir kann ech do leider net mam Gilles Roth d'accord sinn.

De Projet de budget 2022 ass e Budget, deen no vir kuckt. Mir investéieren éischstens konsequent an de Mënsch, mir setzen zweetens en Akzent op eng solidaresch Gesellschaft an drëttens preparéiere mer d'Zukunft.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- D'Participatioun um Finanzement vun eiser Pensiounskeess geet ëm 164 Milliounen erop. D'Alimentatioun vum Fonds de la coopération au développement geet ëm 58 Milliounen erop. De Fonds national de solidarité gëtt mat 367 Milliounen alimentéiert, wouvun der 196 fir de REVIS reservéiert sinn. Fir d'Allocation de vie chère sinn ongeféier ronn 54 Milliounen virgesinn, mat enger struktureller Hausse vu mindestens 200 Euro.

Fir d'Participatioun vum Staat un de Fraise vun de Services conventionnés en faveur vun de Persounen mat engem Handicap sinn 2022 ronn 97 Milliounen virgesinn. Fir d'Schafe vun engem Centre de la communication accessible à tous, mat deem mer d'Kommunikatioun vun ëffentlecher Säit dem Bierger méi verständlech kënnen vermëttelen an esou fir méi Inklusivitéit suergen, sinn am Budget och nach eng Kéier 425.000 Euro virgesinn.

D'Zukunftskeess, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Kanner huet hirersäits eng Alimentatioun vu ronn 1,3 Milliarden! Och hei ass et eng Kéier vläicht gutt, drun ze erënneren, wa gesot gëtt: „Jo, mir mussen“ - an dat hu mer jo och gemaach! - „d'Kannergeld indexéieren.“ Dat kascht och Suen a mir sinn och der Meinung, datt et richtig ass, dat ze maachen. Et kascht! Dat huet 22,3 Milliounen kascht fir 116.000 Familjen an 195.000 Kanner. Dat si gutt investéiert Sue gewiescht.

Déi finanziell Moyene vun der Commission nationale pour la protection des données, der CNPD, wäerten och nach eng Kéier ëm 10 % klammen op insgesamt 8 Milliounen Euro.

(*Interruption*)

Jo, déi CNPD, déi ass net onwichtig. Si spillt eng essenziell Roll, och fir d'Vertraue vun de Bierger an eis Institutiounen nach eng Kéier ze stäerken.

(*Interruption*)

Wat sech unhand vun deenen nëmmen e puer Beispiller hei, déi ech elo grad genannt hunn, weist, ass, datt de Budget 2022 ganz ambitiéis ass. Et ass e Budget, deen d'Reprise erméiglecht an dobäi ganz kloer sozial Leitplanke setzt, fir dass keen duerch d'Netz fale soll, mee fir dass mer alleguerten zesumme Bestanddeeler vun enger inklusiver an enger egalitärer Gesellschaft kënnen sinn.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Dofir ass et mir och wichteg, nach eng Kéier de Message vun dem LSAP-Budgetsrapporteur ze ënnersträichen. Déi sozial Ausgaben an de Mënsch, déi dëngen net just dem Eenzelen, deen déi Ënnerstëtzung dann och kritt, mee si dëngen eiser Gesellschaft als Ganz. All Eenzelen dréit derzou bäi, dass eis Gesellschaft gutt fonctionéiert. An duerfir sinn déi Suen alleguerten net nëmme fir den Eenzelen, mee fir eis ganz Gesellschaft geduecht.

D'Pandemie huet eis méi wéi jee gewisen, dass mir als Land nëmme weiderkommen, wa mir als Eenzelen an Empathie, Respekt a Rücksicht vis-à-vis vun eise Matmënschen opbrénge kënnen. De Staat an de Staatsbudget kënnen do natierlech net alles maachen, mee e generéise Sozialstaat ass de Garant, dass keen am Stach gelooss gëtt. Als LSAP ënnerstëtze mir duerfir kloer d'Recommandatiounen vum eise Budgetsrapporteur, fir d'Barèmi bei der Allocation de vie chère unzepassen, fir dass méi Leit kënnen dovunner profitéieren!

Dës Mesurë géifen enger ganzer Partie Leit d'Méiglechkeet opmaachen, fir déi Hëllefen ze kréien. Nach muss een oppassen, dass een de Bierger, dee schonn an enger prekärer Lag ass, net zu engem rengen Bittsteller gi léisst. De Gang zum Office social, fréier den „Aarmebüro“ genannt, ass sécherlech dacks vun enger falsch verstanener an awer mënschlecher Schimmt begleet.

Niewent der Upassung vun de Barèmen ënnerstëtze mir dofir weider dee ganz, ganz gudden Mechanismus vun de Crédit-d'impôts, wou ech weess, datt och aner Länner eise System hei ganz staark appreciéieren a sech hei ukucke kommen, wéi mer dat mat deene Crédit-d'impôts gereegelt hunn. Crédit-d'impôts, déi eiser Meinung no wirklech e ganz gudden an e ganz effikassen Outil sinn, fir de Leit, déi et brauchen, dann och richtig ze hëllef.

Parallél fanne mer d'Iddi vum Budgetsrapporteur, fir den Effectif bei den Office-sociale jee no der sozioekonomescher Situatioun vun der Gemeng unzepassen, besonnesch nennenswäert. Am Moment sinn et 6.000 Leit, wann ech dat richtig am Kapp nach hunn. Pro 6.000 Leit, déi an enger Gemeng wunnen, hues de dann en Usproch, dass de en Assistent social rembourseiert kriss. An ech mengen awer, dass et wichteg ass, och de sozioekonomesche Kontext an d'Situatioun an der Gemeng nach





eng Kéier ze kucken. 6.000 Leit op där enger Plaz a 6.000 Leit op där anerer Plaz mussen net ëmmer onbedéngt déi selwecht Demanden an Hëllef an Usproch huelen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Jo, de Rapportier huet et gëschter gesot: Mir hunn e generéist soziaalt Netz an eng vun de Käraufgabe vun engem demokratesche Staat ass et, Sécherheet ze assuréieren, an dat op ville verschiddenen Eebenen. Dat ass e ganz staarke mënschleche Besoin. An do gehéiert och besonnesch déi sozial Sécherheet derzou. An ech wëll elo net nach eng Kéier alles dat opzielen, wat de Pierre Gramegna de Moien opgezielt huet. Et ass effektiv ganz vill um soziale Plang gemaach ginn. Et bleift natierlech nach ëmmer eppes ze maachen, dat ass ganz evident. Mee et ass awer och net, wéi Verschiddener dat soen, näischt geschitt.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Déi meeschte Leit am Land verstinn, dass eng grouss Steierreform weinst der Pandemie an hire Suitten haut net wéi geplangt kann duerchgezu ginn. Dat däerf eis awer net drun hënneren, och elo schonns iwwer méi Steiergerechtkeet nozedenken an ze diskutéieren. An et ass duerfir gutt, dass d'Chamber amgaangen ass, eng grouss Debatt an deem Sënn ze preparéieren. An där Diskussioun muss et an den Ae vun der LSAP ëm Aarmutsbekämpfung goen!

Et muss ëm e méi gerechten Equilibre tëschent der Besteuerung vum Kapital an der Besteuerung vun der Aarbecht goen. Et muss och ëm Spekulationsbekämpfung um Immobiliemarché goen. An et mussen och déi Ongerechtegkeeten ofgebaut ginn, déi sech leider an eise Steiersystem an deene leschte Joren ageschlach hu respektiv déi sech och vergréissert hunn. Ech denken do ënner anerem och un d'Situatioun vun de Monoparentallen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Vergiessen dierfe mer awer net, dass an dëser Legislaturperiod schonn eenzel Schrëtt an déi richteg Richtung gemaach goufen. Ech erënneren do un de Crédit d'impôt zur Kompenséierung vun der CO<sub>2</sub>-Besteierung, un d'Ofschafe vun de wierklech ongerechtferdigte Privileegie bei de Fonds d'investissements spéciaux ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- ... oder nach un den iwwerdriwwenen Amortissement accéléré, dee mer reduzéiert hunn an deen an eisen Aen och mëttelfristeg zu engem normalen Amortissement misst zréckgefouert ginn.

(*Brouhaha*)

Ech kommen zur Ëmwelt. De Rapportier huet a sengem méi perséinlechen Deel vum Rapport e Schwiéerpunkt gesat, wéi ech et virdu gesot hunn, op d'Theema Sécherheet, a virun allem op d'Sécherheetsgefill vun de Leit, wat e wichtigen Afloss op hiert Wuelbefannen huet. Wie sech sécher spiirt, deen ass oppe fir Neies, dee geet Verännerunge mat Zouversicht un an ass och fäeg, nei Chancen ze erkennen an ze notzen.

Mir liewen an enger Zäit vu Verännerungen. Mir brauchen d'Fäegkeet vun de Leit, fir Erausforderungen unzuegoen a sech un nei Bedéngungen unzepassen. An eng vun deene ganz groussen Erausforderungen, Dir Dammen an Dir Hären, ass sécherlech de Klimawandel a seng Auswierkungen. D'Politik muss an hirer Kommunikatioun do awer e schwierige Spagat maachen. Engersäits muss jidder verstoen, wéi eescht de Problem ass a wéi grouss d'Urgence ass fir ze handeln. Esou wéi mer d'Leit mussen iwwerzeegen, dass de Covid-19 net just eng kleng Gripp ass, esou muss mer och erklären, wat geschitt, wa mer net séier a konsequent Mesuren huelen, fir de Klimawandel ze limitéieren.

An anerersäits dierfe mer de Leit awer och net Angscht maache virun der Zukunft. Mir mussen weisen, dass et Léisunge gëtt. Et gëtt Léisungen! Dass den Einzelnen net hëlleflos de Changementer ausgeliiwert ass. Dass et net egal ass, ob mer elo reagéieren. Dass nach net alles verluer ass, mee dass een Ënnerstützung kritt an och hei Deel vun der Léisung ka sinn. Dass déi Verännerungen an Efforten, déi mer akzeptéiere mussen, och Sënn maachen.

Dës Regierung mécht hei ganz grouss Efforten an deem Sënn. An dat spigelt sech och an dësem Budget erëm, ënner anerem an der Form vu Subsiden an och anere finanziell Bähëllef, déi Ureizer schafen, déi et engem méi breede Public erméiglechen, nei Technologien ze notzen an Emissiounen vun Zäregasen ze reduzéieren.

Fir d'LSAP ass et donieft ganz wichtig, dass an eiser Bevëlkerung d'Vertrauen erhalen bleift, dass Rücksicht geholl gëtt op déi, déi sech net esou luecht upasse kënnen, an dat aus deenen ënnerschiedlechste Grënn, dass net vum Einzelnen Onméiglech verlaangt gëtt, dass net vun uewen erof Ziler festgesat ginn an hannendru kee sech drëms këmmert, wéi d'Ëmsetzung an der Praxis soll ausgesinn.

Fir Onsécherheet an e Gefill vun Hëlleflosegkeet suergen och déi extreem Wiederkonditiounen an Naturkatastrophen, déi ëmmer méi heefeg ginn. Am Budget stinn duerfir Sue bereet, fir eis Infrastruktur besser géint esou Wiederphänomene ofzesécheren an de Schutz vun de Leit ze verbessern.

Gläichzäiteg hu mer zu Lëtzebuerg eise Budget ëmmer esou opgestallt, dass genuch Moyenen zur Verfügung stinn, fir Leit kënnen ënnert d'Äerm ze gräfen, déi an Existenznot geroden, sief et duerch eng Naturkatastroph oder duerch eng Pandemie. Dat ass an dësem Budget natierlech net anescht a gëllt souwuel fir Privatpersounen wéi och fir Betriber. Bei Naturkatastrophen, ob se elo e Lien zum Klimawandel hunn oder net - se mussen jo och net onbedéngt e Lien zum Klimawandel hunn -, mussen déi Betraffen, déi op ee Coup alles verléieren, séier an zouverlësseg gehollef kréien. Dass dat an der Praxis net ëmmer esou einfach ass, wéi ee sech dat wënscht, dat ass eng Saach, mee mir mussen eist Méiglechst drusetzen, dass kee sech am Stach gelooss fillt.

An deene leschte fënnf Joer huet de Lëtzebuerger Staat net manner wéi 160 Milliounen Euro deblockéiert, fir de Biergerinnen a Bierger, déi betraff ware vun enger Naturkatastroph, ze hëllef. Fir d'Iwwerschemmungen dëse Juli huet d'Regierung 100 Milliounen Euro mobiliséiert. Ze wëssen, dass de an deene schwierigste Situatiounen gehollef kriss, dass de net aleng bass, jo, och dat gëtt Sécherheet.

Sécher ass awer och: « Mieux vaut prévenir que guérir. » Aus deem Grond huet de Plan national intégré en matière d'énergie et de climat, de PNEC, eng zentral Bedeitung. De PNEC féiert Mesuren zesammen, déi am Kader vu fënnf Dimensionen sollen nom Horizont 2030 Realitéit ginn. A fir d'Joer 2022 gesäit de Budgetsprojert net manner wéi 1,87 Milliarden Euro vir. An och do kann ech nach eng Kéier dem Gilles Roth net Recht ginn. Niewent der sozialer Dimension huet dës Budget hei ganz kloer och eng gréng Dimension.

2024 sollen d'Depensen en faveur vum PNEC iwwert de Seuil vun 2 Milliarden Euro erausgoen. Dat ass net näischt! Mee et ass virun allem sënnavoll an néideg, well wa mer dat net maachen, wa mer net elo agéieren, da gëtt d'Rechnung duerno nach vill méi héich. An duerfir muss mer déi zwou Milliarden, déi mer do asetzen, och gutt asetzen an d'Leit och mathuelen op dee Wee, fir datt se verstinn, ëm wat et geet, dass et Sënn mécht an dass et och fir si ass, fir déi dat do alles gemaach gëtt!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Mäi véierte Punkt handelt vun der Aarbecht. De Rapportier ass a sengem perséinlechen Deel vum Rapport och op d'Onsécherheet um Aarbechtsmaart agaangen.

D'Coronakris huet déi leschte Méint en déift Gefill vun Onsécherheet geschaf an hat och scho weesentlech Auswierkungen op den Aarbechtsmaart. Mee wéi de Rapportier et och scho gëschter ervirgewise huet, ass d'Entwécklung um Aarbechtsmaart fir Lëtzebuerg aussergewöhnlech gutt am Verglach mam Ausland. Eis solidaresch Politik vun deene leschte Méint huet sécherlech hir Friichte gedroen, wat de Chômage ugeet. De Chômagetaux, dat hunn ech scho gesot, louch am Oktober 2021 bei grad emol 5,4 % an huet souguer elo op den Niveau vu virun der Kris erëm zréckfonnt.

Jo, et ass eng aussergewöhnlech Situatioun am Verglach zum Ausland, mee dës ass d'Resultat vun all deenen Hëlfe, déi während der Coronakris vu Regierungssäit ugebuede gi sinn, an am meeschte vun enger effikasser Kuerzaarbecht, déi während der Pandemie konnt gräifen. Jo, et ass gekuckt ginn, keen op der Streck ze loossen. Et ass garantéiert ginn, datt d'Indemnitéit ëmmer op d'mannst esou héich wéi de soziale Mindestloun war. Esou si säit Ufank vun der Pandemie 1,164 Milliarden Euro un Hëlfe u Betriber ausbezelt ginn.

An ech soen et nach emol: Laut Statec konnten an der éischter Well vun der Pandemie 15.000 Aarbechtsplaze gerett ginn. Et kann een et net genuch soen! Dat ass extreem wichtig, well hanner all Aarbechtsplaz hänken och Wicksaler, hänke Familien, hänken Existenzen. An duerfir ass et ganz wichtig, datt déi 15.000 Aarbechtsplaze konnte gerett ginn!

D'LSAP wäert sech weider, wéi an der Vergaangenheet, fir e staarke Sozialsystem an alle Beräicher vun eiser sozialer Sécherheet staarkmaachen, deen alle Mënsche gläichermoossen zeguttkënn.

Och wann d'Chômagezuelen nees erofginn, sou maachen awer d'Zuele vun de Laangzäitarbeitslosen eis Suergen, well déi tendenziell méi grouss ginn. An dat hu mer jo och am Ufank vun dësem Mount an enger Heure d'actualité hei an der Chamber ënnerstrach, eng Heure d'actualité, déi de Marc Spautz ugefro hat a bei där mer hei och wierklech iwwert deen Theema an engem long et en large konnte schwätzen. Dës gëllt och fir de Jugendchômage, deen een am A muss behalen. An do muss een och géigesteieren. Ech kommen herno nach eng Kéier dorobber zréck.

Fir d'LSAP bleift dat iwwergräifend Zil d'Bekämpfe vun der Aarbechtslosegkeet! An eisen Ae muss onbedéngt un der Formation continue geschafft ginn. Do ass nach vill Loft no uewen. Well wann d'Pandemie eis eppes gewisen huet, dann dat, datt eis Gesellschaft a puncto Digitalisatioun nach wierklech an de Kannerschong stécht an och do nach ganz vill Potenzial no uewen ass.

Ob een dës Evolutioun elo gutt fënnst oder net, mir kommen net do derlaanscht. D'Aarbechtswelt befënnst sech an engem Wandel an do muss mer ...

■ **Une voix.** - Genau!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- ... d'Leit mathuelen. Och déi, déi vläicht net esou den Zoch hunn, fir mat deenen neien Outilen, mat deenen neie Medien ëmzegoen, respektiv déi net déi néideg Formatioun hunn, fir mat deenen neien Technologien op enger Aarbechtsplaz ëmzegoen. Well och hei gëllt et: Et soll keen op der Streck gelooss ginn! Duerfir ënnerstëtze mer d'Fuerderung, dass am Kader vun der digitaler Inklusioun genuch Formatiounen ugebuede ginn, déi alleguer d'Generatiounen ëmfaassen an och, dass um Aarbechtsmaart déi verschidde Kompetenzbedierfnesser op d'Leit geziilt sinn, besonnesch op déi mat engem niddrege Formationsniveau, mat niddrege Kompetenzen.

Dat selwecht gëllt och fir de Jugendchômage. De Jugendchômage geet tendenziell erof. Mir haten am Juni 2020 en Taux vun iwwer 30 %. Am Juni 2021 louch e bei 18,8 %. Dat ass eng gutt Evolutioun! Mee haut hu mer nach ëmmer net den Niveau vu virun der Pandemie erëm. Dofir muss mer alles drusetzen, fir d'Klamme vum Jugendchômage ze verhënneren. A fir d'LSAP muss hei méi an d'Léier an och an d'Entwécklungskompetenzen investéiert ginn.

Moosname wéi staark Efforten am Beräich vun der Kompetenzentwicklung oder d'Ouvrue viru Stagë fir beruflech Qualifikatiounen fir Leit ënner 30 Joer si schonns während der Kris elo ageleet ginn. Och hei ass d'Schlëselement d>Weiderbildung. De Staat muss wierklech alles maachen, fir esou vill wéi méiglech un der Weiderbildung ze schaffen, fir do ze investéieren an dat opzemaache fir sou vill wéi méiglech Leit. Lifelong learning lësst grüssen!

Leif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn d'Digitaliséierung an de Wandel um Aarbechtsmaart ugeschwat. Dat bréngt mech dann och op sécherlech de gréisste Gewënner an dëser Kris: den Teletravail. Virun der Pandemie hätt kee geduecht, datt e Virus d'Digitaliséierung an d'Flexibiliséierung vun der Aarbecht géif esou virundreiwen.

Zu Lëtzebuerg war virun der Pandemie den Trend zum Teletravail weing verbreet. Do, wou 2019 laut Statec 20 % vun de Beschäftegten heiansdo op den Teletravail zréckgegraff hunn, huet op eemol eng ongewollte Flucht zu enger méi breeder intensiver Notzung gefouert. Am éischte Lockdown hu mer bis zu 69 % vun de Beschäftegte gehat, déi Teletravail hu misse maachen - missen! -, mee a den Ae vu ville Leit och endlech kënnen maachen.

Esou huet zënter engem Joer d'Pandemie d'Aarbechtswelt ganz séier an d'Zukunft katapultéiert. Net nëmmen d'Aarbechtsweis, mee och eis Relatioun mat der Aarbecht huet sech radikal verännert. Mee gutt, datt op den Teletravail konnt zréckgegraff ginn, well dës huet sécherlech och derzou bäigedroen, datt et zu manner Entloossunge komm ass an datt an de Betriber d'Aarbecht konnt weider leescht ginn. Déi ekonomesch Kris konnt gréisstendeels och mat Hëllef vum Teletravail verhënnert ginn.

Déi aktuell Kris huet awer gewisen, datt den Teletravail net nëmmen eng Erhéijung vun der Liewensqualitéit bréngt, mee och, datt d'Aarbecht méi flexibel kann ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- ... organiséiert ginn, wärenddeems d'Produktivitéit bei de Salariéen trotzdeem bestoe bleift.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Als LSAP sti mir ganz kloer zum Teletravail an deene Beräicher, wou et méiglech ass. Jo, et geet drëms, dem Teletravail och no der Kris eng Chance, e legale Kader ze ginn. An esou begrësse mir dann och d'Sous-commission Télétravail an der Chamber, déi eng grondsätzlech Analys mécht, an där alleguer d'Aspekter, déi ekonomesch, déi sozial, finanziell, fiskalesch a juristesche, wäerte gekuckt ginn, fir duerno e globale Rapport ze maachen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Nëmme wann een all d'Aspekter a Betruecht zitt, kann een dës nei zukunftsorientéiert Aarbechtsmethod weiderdreien. A sécherlech wäert den Teletravail iwwert d'Aarbechtswelt eraus ...

(*Brouhaha*)

... Auswierkungen hunn. Ech gesinn do zum Beispill och, dass am Business-tourismus den Teletravail

sécher Auswierkunge wäert hunn an dass dee sech och muss enger neier Situatioun hei upassen.

Do, wou ee vläicht nach viru Jore vu Bréissel op Lëtzebuerg komm ass fir eng Reunioun, kann ech mer virstellen, dass dat fir déi eng Reunioun och ganz gutt iwwer Teletravail wäert goen.

Wéi gesot huet d'Coronakris d'Bezéiung vum Mënsch zur Aarbecht verännert. Haut si mer nach méi wéi jee mat Hyperkonnexioun, digitaler Sucht a permanenter Disponibilitéit beschäftegt wéi virun. Wat e Virdeel fir deen een ass, kann och zur Laascht fir deen anere ginn, an dofir setzt d'LSAP sech aktiv fir d'Rechter vun de Salariéen an, soudatt et fir eis onëmgängelech war, hei ze legiferéieren. D'Gesetz zum Droit à la déconnexion ass deposiert an dat heescht, datt de Salarié net muss Dag an Nuecht accessibel sinn an och duerf säin Handy ausschalten, ouni Scholdgefiller ze hunn.

Mir schaffen, fir kënnen ze liewen an net ëmgedréit!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- D'LSAP verdeedegt déi duebel Funktioun vum Lëtzebuerger Modell, mat engersäits den Interesse vun den Employéen an anerersäits enger dynamescher an nohalteger wirtschaftlecher Entwécklung. Den Dialogue social wäert och weider vun enger primordialer Wichtigkeet bleiwen. Am Dialog kann ee viles reegele mat deem néidege Verständnis vu jiddweregem fir d'Situatioun vun deem aneren.

Trotz Kris sëtze mir all zesammen an engem Boot an hunn e gemeinsamen Interêt, weiderhi gutt an och praktikabel Léisungen auszeschaffen.

Ech kommen zu mengem leschte Punkt, der Educatioun. An d'Kanner vun haut investéieren heescht, och muer nach eng zukunfts-fäeg Gesellschaft ze hunn. Educationspolitik ass Zukunftspolitik an duerfir läit se der LSAP och ganz besonnesch um Häerz.

Fir eis gëllt et, d'Chancégerechtkeet an der an duerch d'Schoul weider oprechtzehalen an doriwwer eraus och nach ze stäerken. Heifir muss een de Kanner déi Moyenen an d'Hand ginn, déi si brauchen, fir hire ganz individuelle Parcours ze meeschten. An hei spillt eng zentral Roll sécherlech d'Orientatioun. Mir kënnen beispillsweis net méi an der Logik funktionéieren, dass déi mat deene gudde Punkten an de Classique an déi mat de manner gudde Punkten dann automatesch an de Général orientéiert ginn. Eng Orientation par échec dierf et net méi ginn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Et muss sech also vill méi mat de reelle Wënsch, mat de Virstellungen, mat den Ambitiounen a virun allem mat de Motivatiounen vun de Kanner an deene Jonken auserneege-sat ginn.

(*Brouhaha*)

Wat wëlle se herno errechen? U wat fir Aufgaben hu se Spaass? Wéi een Job wäert si herno erfüllen? A woubäi brénge si och der Gesellschaft am meeschten?

Et muss vu virera kloer sinn, wéi een dës ganz verschidden Ziler erreche kann. D'Maison de l'orientation muss hei zu engem Acteur ginn, deen all Jonke kennt an deen ouni Problem fir jiddwereen zougänglech ass.

Gradesou wichtig wéi eng gutt Orientatioun ass et awer, déi néideg Passerellen ze schafen, wa sech mol déi eng oder déi aner Decisioun, a wéi eng Richtung och ëmmer et goe soll, als net déi richteg erausgestallt huet.

Dem Rapportier seng Prioritéit louch op der Sécherheet, an zu där perséinlecher Sécherheet gehéiert et och, kloer Strukturen ze erkennen an d'Hëllef bei der Orientationsdecisioun ze kréien. D'Fuerderung, all d'Orientationsprozesser emol ze analyséieren, schéngt mer duerfir hei och essenziell ze sinn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Här President, dass d'Orientatioun ëmmer méi eng wichtig Roll spille wäert läit och, wéi ech dat scho virun ugeschwat hunn, un de Verännerunge vum Aarbechtsmaart. Huet ee sech fréier mol fir eng Richtung, jo, e Beruff entscheet, esou huet een dee ganz oft säi ganz Liewe laang ausgeübt. Haut ass dat awer net méi esou. D'Aarbechtswelt gëtt ëmmer méi schnell-lieweg a Changementer an enger Karriär sinn ëmmer méi heefeg. Duerfir ass et vun enormer Wichtigkeet, d'Weiderbildung, de Lifelong Learning och, ech hunn et virdu gesot, weider auszubauen. Hei soll och e weidert Element eng wichtig Roll spillen: D'Université populaire soll do en zentralen Acteur ginn, eng Plaz, wou stänneg Formatiounen a Weiderbildungen ugebuede ginn, mee awer och eng Informations- an Orientationsstell fir Erwuessener soll sinn. Jidderes soll säi Liewe laang richteg kënnen berode ginn an déi Karriär aschloen, déi fir hie richteg ass.

Et soll ee Freed u senger Aarbecht fannen. Dat ass gutt fir seng eege mental Gesondheet an Zefridden-





heet an nëmmen da bréngt een der Gesellschaft am meeschten.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- D'Santé mentale ugeschwat, do si mir als LSAP der Meenung, dass dës iwwert déi nächst Jore grad am Enseignementswiesen eng grouss Prioritéit muss zougeschriwwé kréien, an dat muss och mat den néidege Moyenen ënnerstëtzt ginn.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- D'Zuele vu jonke Leit, jo, Kanner mat Troubles mentaux bis zur Depressioun a Suicidedanke sinn iwwert déi lescht Jore stänneg geklommen an d'Pandemie, respektiv d'Auswierkungen à moyen an och à long terme vun dëser Pandemie wäerten dës Situatioun mat Sécherheet net verbessert hunn. Duerfir muss mer alles drusetzen, dass all Kand déi Hëllef kritt, déi et braucht, an do muss mer och evitéieren, dass op de Portmonni gekuckt gëtt. Do muss all Kand kënnen déi Hëllef eeben an Usproch huelen.

Leif Kolleginnen a Kollegeen, de Volet Education ass iwwert déi lescht Joren am Budget ëmmer weider geklommen an dat ass och gutt an och richtig esou. Mir brauchen eng staark ëffentlech Schoul an déi muss eis all Moyen wäert sinn. Méi wéi 14 % vun den Depensé fléissen an d'Education an an d'Jeunesse.

D'LSAP wäert sech weider fir eng staark ëffentlech Schoul asetzen, well si den eenzege Wee ass, fir nohalteg fir Chancégerechtkeet an der Gesellschaft a grad bei de Kanner ze suergen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- D'Kanner a Jonker sinn d'Zukunft a si brauchen déi beschtméiglech Ausbildungs- an Developpementsméiglechkeete grad hei zu Lëtzebuerg.

Här President, de Budget 2022 ass, wéi de Rapport et gesot huet - an deem ech vun hei aus awer och wierklech e ganz härezeleche Merci wëll gi fir seng enorm Aarbecht, déi en an de leschte Méint gemaach huet, fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport - e Budget vun der wirtschaftlecher Reprise, deen duerch déi Akzenter, déi gesat ginn, keen dobäi vergësst.

Dëse Budget kritt natierlech dann och den Accord vun der LSAP, net awer, ier ech mengem Kolleg aus dem Minett, dem Escher Jong Pierre Gramegna, dem Minister vun der leschter a vun dëser Regierung vun de Finanzen, wierklech e ganz, ganz grouse Merci wëll soe fir säin onermiddlechen Asaz, fir seng Duerstellung vu Lëtzebuerg, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee och iwwert d'Grenzen ewech, an der EU an international. Ech wënschen him, dass en am Kader vu senger Famill vill Tennis ka spillen an dass e bei enger gudder Gesondheet bleift an dass e seng politesch Pensioun kann a vollen Zich genéissen. E grouse Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engel. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Merci, Här President, Dir Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, et mécht keng Freed, et ze soen, mee et ass richtig: Eist Land ass mat enger Rei vu Krise konfrontéiert an de Begrëff Resilienz bezeechent d'Fäegkeet, widderstandsfäeg vis-à-vis vun deene Krisen ze ginn a gestärkt aus hinnen erauszegoen. Dat ass eist Zil.

Leider si Krisen haut keng Ausnam méi. Se sinn zu eisem stännege Begleeder ginn a werfen d'Fro vun der Resilienzféegkeet an de leschte Jore méi wéi jee virdrun op. Dofir war et och keen Zoufall, dass de Begrëff Resilienz sech d'lescht Joer wéi e rout-blo-gréngue Fue dem duerch dem François Benoy säi Budgetsrapport gezunn huet.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- De Rapporteur vun dësem Joer, den Dan Biancalana, huet de Begrëff vun der Sécherheet an de Fokus gestallt an en huet opgewisen, dass d'Fro vun der Sécherheet sech queuesch duerch all d'Politikfelder zitt an enk un déi sozial Gerechtegkeet, un de Prinzip vun der Inklusioun an en eis demokratesch Wäerter gekoppelt ass. Als Gréng deele mir dës Vue a mir sinn och der Meenung, dass et un der Politik ass, d'Onsécherheet am breede Sënn vum Wuert ze bekämpfen a weider Onsécherheeten a Krisephenomeener ze verhënnere. An ech wëll mengem fréiere Schüler och versécheren, ...

■ **Une voix.**- A!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... dass mir eng Rei Recommendatiounen, déi en a sengem Rapport formuléiert huet, deelen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- An éischer Linn déi, déi geduecht sinn, fir déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft ze schützen an eis Demokratie ze stäerken. Dat ass och ganz an eisem Sënn, Här Rapporteur.

Här President, en Thema, op dat de Rapporteur net esou déifgräifend agaangen ass a wat eis als Gréng net manner wichteg ass wéi déi sozial Gerechtegkeet, ass natierlech d'Klimakris. De Rapporteur sot awer zu Recht, an en huet et betount, dass de Klimawandel eis, nieft der Digitaliséierung an dem technologesche Fortschrëtt, viru grouss Erausforderunge stellt an dass all dës Erausforderungen déi Vulnerabelst ëmmer fir d'éischt treffen. Dat ass richtig.

Jo, a fir eis ass et och evident, Dir Dammen an Dir Hären, dass d'Klimakris an d'Sozialfro enk matenee verbonne sinn. A fir eis ass et evident, dass d'Klimakris e grouse Facteur vun Onsécherheet ass. Éischstens stellen d'Auswierkunge vun der Klimakris eng Bedroung fir d'Sécherheet a fir de Friden an der ganzer Welt duer a bréngt vill Konflikter mat sech. Zweetens verstärkt de Klimawandel déi scho bestoend Sécherheitsrisiken an d'Vulnerabilitéit vun de sozial benodeelegte Bevölkerungsgruppen och zu Lëtzebuerg. De Klimawandel mécht et der Regierung an de Gemengen och ëmmer méi schwéier, fir d'Sécherheet vun de Biergerinnen a Bierger bei extreeme Wiederverhältnisse beispillsweis ze garantéieren an e werft ëmmer op en Neits déi schwierig Fro vun der gerechter Verdeelung vun de Ressourcen op, déi ëmmer méi knapp ginn a konsequent geschützt mussen ginn.

Well de Kampf géint d'Klimakris eng vun de Haupterausforderunge vun eiser Zäit ass an déi sozial Dimensioun ëmmer matgeduecht muss ginn, kommen ech zum Schluss nach emol drop zrëck, wann ech op d'Moossname vun der Regierung aginn.

Dir Dammen an Dir Hären, nieft der Klimakris gëtt et natierlech nach aner Onsécherheitsfacteuren an och si stellen eis viru grouss Erausforderungen. Ech denken hei natierlech un d'Pandemie an un déi wuessend Problemer vun der mentaler Gesondheet, ech denken un d'Drogecriminalitéit, un d'Drogenofhängegkeet an un d'Suchtverhalten, wat sech am héijen Drogenkonsum zréckspigelt, mee och an der steigender Vente vun Alkohol an Tubak, déi 2021 all Rekorder brécht, wuel wëssend, dass Alkohol an Tubak och Droge sinn! Ech denken awer och un d'Wunnengsnout an ech denken un déi wuessend Schéier tëscht aarm a räich.

D'Zil vun den ëffentleche Politicken an domat och vun der Finanzpolitik muss et natierlech sinn, all dës Problemer a Krisephenomeener mat klere Strategien entgéintzesteieren an d'Mënschen opzefänken amplaz auszegrenzen, wa se an Nout geroden, woumat ech och de Rapporteur zitieren.

Dat setzt engersäits politesch Kohärenz viraus, esou wéi den oft benotzten Numm Cohérence des politiques publiques et seet. Anersäits setzt et awer och viraus, dass dës Gesellschaft net weider auserneegedriwwen gëtt an dass Grief verhënnert ginn. Grief entstinn net nëmmen duerch sozial Ongerechtegkeeten an Ausgrenzung, Grief entstinn och duerch Ängschten, déi mat rationale Strategien a mam Allgemengwuel eigentlech näischt ze dinn hunn.

Natierlech sinn Ängschten a Suergen eng mënschlech Reaktioun op verschidde bedrolech Entwécklungen a Phenomeener. Esou zum Beispill d'Angscht virum Coronavirus, d'Angscht virun extreeme Wiederverhältnisse mat Orkaner, extreemen Hëtztwellen, Bëschbränn an Iwwerschwemmungen, oder awer d'Angscht, net méi genuch Mëttelen ze hunn, fir mënschewierdeg kënnen ze liewen an ze wunnen.

Dobäi kommen awer aner Ängschten. Et sinn déi Ängschten, déi vu bestëmmte Gruppe bewosst geschüürt ginn, an zwar aus politischem Eegecalcul an aus taktische Grënn, ...

(*Brouhaha*)

... fir politesche Benefiss doraus ze zéien, an déi eiser Demokratie net wierdeg sinn.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dës Angscht-schürerei füügt eiser Gesellschaft an eis fundamentale Wäerter vill Schued zou an ass net akzeptabel.

Zu dëser Strategie gehéiert ënner anerem déi bewosst Angschtmaacherei virum Vaccin, neierdëngs och virun den Tester, d'Angschtmaacherei virun den negative Konsequenze vum Wuesstum, d'Angschtmaacherei virun Awanderer a Frontalieren, d'Angschtmaacherei viru Kannerrechter an neierdëngs och d'Angschtmaacherei virun eisen ëffentlechen Institutionen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Esou eng Zort vun Angscht-schürerei, kann ee soen, zu politeschen Zwecker huet mat de reellen Onsécherheeten, mat deenen eis Gesellschaft ze kämpfen huet, näischt

ze dinn. Dowéinst distanzéiere mir eis ausdrécklech vun deene Strategien!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Strategie vun der Koalitioun besteet villméi doran, de reellen Onsécherheeten a Krisephenomeener, déi duerch d'Pandemie zum Deel nach verstärkt gi sinn, mat konkreete Moossnamen entgéintzetrieden.

Dozou gehéiert éischstens eng ëmweltfrëndlech a ressourcëschounend Politik, déi sech transversal duerch alleguer d'Ressorte muss zéien. Dozou gehéiert zweetens eng Politik, déi de sozialen Inegalitéite konsequent entgéintwierkt, wuel wëssend, dass déi sozial benodeelegte Bevölkerungsgruppen, wéi ech et scho gesot hunn, besonnesch a Krisenzäite wéi där vum Covid-19 manner Ressourcen zur Verfügung hunn, fir hiert Verhalen unzepassen a sech selwer ze schützen.

Drëttens féiert kee Wee laanscht de Prinzip vun der Nulltoleranz géintwuer der Verbreedung vu Gewalt an Haass, vu Sexismus, Antisemitismus an Homophobie, oft verbonne mat der Verbreedung vun Onwourechten an Intimidatioun.

Wéi wichteg dësen Aspekt an der Debatt ronderëm de Budget ass, kann ech mat engem klengen trefende Beispill illustréieren: Et ass dat, dass d'Mëttelen, déi de leschte Samschdeg an déi massiv Mobiliséierung vun der Police hu misse fléissen, zwar ganz wichteg waren, fir d'Sécherheet vun der Populatioun géintwuer Randalen ze garantéieren, an et ass mir och wichteg, deene villen Agentinnen an Agenten vun der Police e grouse Merci auszedrücken, well se munches verhënnert hunn.

Op wat ech awer erauswëll, ass, dass d'Mëttelen, déi an eng iwwerméisseg staark Mobiliséierung vu Sécherheitskräfte mussen fléissen, net méi fir nohalteg Investissementer zur Verfügung stinn. Dëst Geld steet net méi zur Verfügung fir Investissementer, déi notament bei der Police gebraucht ginn, fir de Corps méi staark opzestellen, fir d'Aarbechtskonditiounen ze verbessern a fir déi wichteg Roll vun der Police um Niveau vun der Preventiounsaarbecht ze stäerken.

Als Gréng si mer jiddwerfalls iwwerzeegt, dass dës Staatsbudget do ukënn, wou en dringend gebraucht gëtt an zwar bei enger effikasser a preventiver Gesondheits- a Sozialpolitik, enger sozialer an nohalterger Logementspolitik, enger kohärenter Klimapolitik an domat verbonnen enger ressourcëschounender an ëmweltfrëndlecher Wirtschafts- a Agrarpolitik.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dir Dammen an Dir Hären, mam virleiende Budgetsprojett leeë mer jiddwerfalls de finanzpolitesche Grondsteen, fir esou eng Politik ëmzesetzen an dat an der Kontinuitéit vun de Jore virdrun. Dowéinst fënnt de Budget 2022 an och de Budget pluriannuel eis voll Ënnerstëtzung.

Grad wéi meng Virriedner geheien ech dann och e Bléck op déi gesamtekonomesch Situatioun, laanscht déi a Budgetsdebatten natierlech kee Wee ka féieren.

Leif Kolleginnen a Kollegeen, ech denken, mer sinn eis eens, jiddwerfalls d'Membere vun der Koalitioun si sech do eens: E kuerze Bléck op eis Staatsfinanze geet duer fir festzustellen, dass Lëtzebuerg gesamtwirtschaftlech gesi vill besser duerch d'Kris komm ass wéi déi aner Länner an der EU. Dat ass virun allem op eisen zimmlech stabile Finanz- an Déngschtleechtsungssektor zréckzeféieren, dee séier nees op feste Féiss stoung.

Op där anerer Säit däreft een eis staark Ofhängegkeet vun dësem Sektor trotz allem net ignoréieren an dofir ass et och wichteg a richtig, weiderhin op wirtschaftlech Diversifizéierung an op nohalteg wirtschaftlech Aktivitéiten ze setzen. An et ass de François Benoy, mäi Fraktiounskolleg, deen duerno méi am Detail op d'Wirtschaftspolitik wäert agoen.

Dir Dammen an Dir Hären, dass Lëtzebuerg am Verglach zu anere Länner besser duerch d'Kris komm ass a besser dosteet, ass awer net just eisem nach stabille Finanzsektor an eisem kriseresistenten Déngschtleechtsungssektor ze verdanken. Eis gutt Situatioun vun haut ass och de Verdéngscht vun de massiven Hëllefsmoossnamen, déi d'Regierung am Kader vun der Kris deblockéiert huet. Am Ganze goufe bis elo bal 3 Milliarden Euro fir d'Gestioun vun der Kris investéiert. Dat si knapp 4 % vum PIB.

Trotz dësen Ausgabe si mer bis haut besser duerch d'Kris komm, wéi d'Experten et d'lescht Joer nach virusgesot hunn. Am leschte Budget war e Réckgang vu 6 % vum PIB propheet ginn. Um Enn waren et just 1,8 %.

An och de Chômage ass net an deem Mooss explozéiert, wéi de Statec et nach d'lescht Joer ausge-rechent hat. Amplaz vu 7,1 % wäerte mer dëst Joer op 6,5 % kommen - natierlech ass all Prozent ee Prozent ze vill - an et gëtt vu verschiddene Previ-

sioune virusgesot, dass de Chômagetaux an den nächste Joren nach wäert falen. Allerdéngs gëtt déi Vue net vu jiddwerengem gedeelt.

De President vum Conseil national des finances publiques gesäit dat nämlech méi kritesch. Hien ass der Meenung, dass de Wirtschaftswuesstum net héich genuch ass, fir de Chômagetaux laangfristeg no ënnen ze drécken an e geet souguer dervun aus, dass de Chômage bis 2025 nach wäert klammen. Dat huet en esou an der Finanzkommissioun erkläert.

An deem Kontext wëllt ech e Lien zum ganz aktuellen Bildungsbericht hierstellen. Doraus geet ervir, dass de Bildungsniveau vun eiser Schoulpopulatioun net dramatesch ënnert der Kris gelidden huet an dass d'Leeschungen, trotz Homeschooling a ville Quarantänen, eenegermoosse konstant bliwwen sinn. De sprangende Punkt ass fir dorop wëll ech eraus, och de Laangzäitchômage a spéidere Jore grad op dës Kategorië vu Schülerinnen a Schüler laueren, läit op der Hand. An dat ass ee Grond méi, fir sech beim Kampf géint de Jugendchômage an de Laangzäitchômage net just op de Secondeaire an op d'Berufsausbildung ze konzentréieren. Och den Enseignement fondamental muss déifgräifend analyséiert ginn, fir d'Bildungsdefiziter direkt un der Wuerzel ze verhënnere, an hei spillt eis Sproochevillfalt eng wichteg Roll.

Et sinn dës Kanner, déi scho fréi am Liewe riskéieren, den Uschloss un eise Bildungssystem ze verpassen an d'Bildungsstandarden net ze erreechen. Dass de sprangende Punkt ass, an dorop wëll ech eraus, och de Laangzäitchômage a spéidere Jore grad op dës Kategorië vu Schülerinnen a Schüler laueren, läit op der Hand. An dat ass ee Grond méi, fir sech beim Kampf géint de Jugendchômage an de Laangzäitchômage net just op de Secondeaire an op d'Berufsausbildung ze konzentréieren. Och den Enseignement fondamental muss déifgräifend analyséiert ginn, fir d'Bildungsdefiziter direkt un der Wuerzel ze verhënnere, an hei spillt eis Sproochevillfalt eng wichteg Roll.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- An dofir begreisse mir als Gréng, dass de LUCET, de Luxembourg Centre for Educational Testing, zesumme mam Observatoire national de la qualité scolaire op deem Terrain nach méi aktiv gëtt wéi an der Vergaangenheet. E wëllt dës Entwécklung geziilt analyséieren a Lösungen ausschaffen. Dat just als bildungspolitesch kleng Klammer, déi mer am Kontext vun deene méi negative Previsiounen a puncto Chômage awer dach staark um Häerz läit.

Surge mécht de Conseil national des finances publiques sech dann och a puncto Inflation, déi mat 3,62 % den héchste Stand zanter 2011 erreecht huet. Dir wësst, wou d'Grënn leien. Dës Entwécklung ass op d'Problemer an de globale Liwwerketten, op d'Effekter vun der Pandemie an net zulescht och op d'Steigerung vun de Präisser op den internationalen Energiemäert zréckzeféieren. D'CO<sub>2</sub>-Bepräisung, déi sozial ofgefiedert gëtt duerch zwou Mesuren, fällt hei kaum an d'Gewicht. Och dat gëtt vun den Experten ënnerstrach.

Déi méi beonrouegend Previsiounen a puncto Chômage an Inflation däreft een natierlech kengesfalls ignoréieren. Trotz allem ass a bleibt et richtig ze behaupten, dass eist Land, u blanke Chiffere gemoozt, d'Kris bis haut besser iwwerstan huet wéi déi aner Länner. Dëst Joer soll de PIB de Prognosen no ëm 6 % klammen. An der EU sinn et am Duerchschnëtt just 5 %.

Dës Entwécklung schléit sech dann natierlech och an de Staatsfinanzen nidder. Der Defizit ass méi kleng, wéi am Virfeld geduecht. D'Schold bleibt daitlech ënnert dem Seuil vun 30 %, dee mer eis gesat hunn - 30 % vum PIB wuelgemierkt. An am Budget pluriannuel wäerte mer ab 2024 nees en Excedent am Budget vum Gesamtstaat erreechen. Alles an allem kléngt dat berouegend!

Am Hibleck op d'Zukunft ännert et awer näischt drun, dass eist Land, wéi scho gesot, virun extreem groussen Erausforderunge steet. A fir dës Erausforderungen ze meeschteren, mussen mer vill investéieren. An dat féiert mech direkt erëm zrëck bei d'Staatsschold. Oft gëtt d'Dette publique, d'Staatsschold, am selwechten Otemzuch genannt wéi déi héich Investissementer, an dat aus der Angscht eraus, Lëtzebuerg géif an der Iwwerverschëldung landen. Net fir näischt ass d'Staatsschold och an der Finanzkommissioun vu verschiddene Gremien thematiséiert ginn.

Esou hunn d'Virrieder vun der Cour des comptes beispillsweis virun der Scholdefal gewarnt an hunn derzou opgeruff, eemol eng fundamental Debatt iwwert den Outil vun der Staatsverschëldung ze féieren. Déi Recommendatioun fanne mer eigentlech ganz interessant.

Gläichzäitig ass och betount ginn, dass d'Netinvestéieren d'Land méi deier ze stoe kënn, wéi déi aktuell Staatsverschëldung eis jee wäert kaschten. An zu Recht huet d'Cour des comptes och drop higewisen, dass déi finanziell Fluxen engersäits an de Kampf géint d'Klimakris orientéiert mussen ginn an anersäits a Sozialmoossnamen, fir den Impakt





vun der Klimakris op schwaach Akommesschichten ofzefiederen. Et ass och dat, wat d'EU-Kommissärin fir Finanzzugeleeeënheeten e Méindeg hei an der Chamber bei hirem Besuch ënnerstrach huet. An et ass och genee dat do, wat d'Regierung mécht.

Mat esou enger Politik verbonnen ass natierlech eng schwiereg Gratwanderung: Se besteet doran, dass d'Staatsschold net explodéieren däerf, an datt déi genannt Eerausfuerderunge gläichzäiteg gemeeschtert musse ginn, och wa se vill Investissementer viraussetzen.

Här President, schonn am Réimesche Räich huet déi berüümt-berüchtegt Staatsverschëldung widerhuet zu Krise gefouert, während se am Mëttelalter en éischten Héichpunkt erreecht huet. De Grond war deen, datt d'Krichsausgaben d'Schold massiv an d'Luucht gedriwwen hunn. Zu Lëtzebuerg ass d'Staatsschold an der Lescht däitlech geklomm a wäert bis 2025, wéi gesot, bei knapp 27 % vum PIB leien.

Schold un der Schold ass allerdéngs net e Krich géint déi aner Länner, mee de Krich géint de Covid-19, dee weeder gewollt nach geplangt war. Hätt d'Pandemie eist Land net erwëscht, da léiche mer elo bei knapp 19 % Staatsschold, also däitlech manner wéi 2013, wou dës Koalitioun d'Geschécker vum Land iwwerholl huet. Deemools waren et 22,4 %.

Et ass also falsch ze behaapten, dass d'Regierung d'Staatsfinanze schlecht geréiert hätt. An ech mengen, et ass och keen, deen dat behaapt. Oder?

Dës Regierung huet ganz einfach hir Verantwortung iwwerholl an huet nei Scholden opgeholl, fir déi sozial an ekonomesch Schied vun der Kris a Grenzen ze halen.

D'Tatsaach, datt mer dës zousätzlech Montante séier an zu gudd Konditiounen konnte mobiliséieren, wat och um Triple-A läit, a finanziell nach ëmmer gutt dostinn, liwwert dee beschte Beweis fir déi intelligent Finanzpolitik vu Blo-Rout-Gréng zanter 2013.

Hätte mer eng Spuerpolitik bedriwwen, da géife vill Zuelen eng aner Sprooch schwätzen: Vill Biergerinnen a Bierger hätten keng Aarbecht méi, d'Faillitte wieren explodéiert a beim Ausbau vun den Infrastrukture wäre mer nees a Veruch geroden, nodeems den Nohuelbedarf am Joer 2013 scho souwisou extreem grouss war.

Dir Dammen an Dir Hären, Scholde maachen ass also net per se schlecht. An d'Staatsschold ass och net den Däiwel, dee sou gären un d'Mauer gemoolt gëtt, fir d'Regierung ze diskreditéieren. Et ass en Instrument, wat dozou déngt, fir d'Zukunft vu Lëtzebuerg nohalteg ze gestalten, wat vill Expertegremie vum Staat verlaangen a wat dës Koalitioun bis haut kategorieesch gemaach huet.

A genee dat selwecht, Dir Dammen an Dir Hären, maache mer och an Zukunft, wa mer wichteg Ëmwelt- an Naturschutzprojete finanzéieren, wa mer an den Ausbau vun erneierbaren Energien an an déi nohalteg Mobilitéit investéieren, wa mer ëffentlech Gelder fir d'Recht op d'Wunne mobiliséieren, wa mer déi wirtschaftlech Entwécklung sozial verantwortlech a ressourcëschonend gestalten an d'Betriber an hiren Efforten ënnerstëtzen.

Dobäi muss ee jo wëssen, datt all Euro, dee mer haut an déi Beräicher investéieren, en enorme Return-on-Invest fir d'Zukunft bedeit. Dat heescht, all Euro, dee mer haut investéieren, spueren mer an Zukunft dräi- bis véierfach nees an. Dat ass am Sënn vun der follgender Generatioun an net zu hirem No-deel!

Dir Dammen an Dir Hären, d'Eerausfuerderungen, mat deene mer konfrontéiert sinn, sinn des Ëfteren an der Finanz- a Budgetskommissioun zur Sprooch komm. Se hunn eppes gemeinsam: Se sinn alleguer mat sozialen a gesellschaftspolitesche Krise verbonnen, déi musse verënnert ginn.

A sengem Rapport huet den Dan Biancalana eng Rei vun de wichtige Sozialfroe méi speziell analyséiert, ugefaange bei de Volete vun der Aarmut, den Ongläichheeten an dem Zougang zu der Aarbecht. Am Numm vun der grénger Fraktioun wéilt ech kuerz drop agoen a fir d'éischt emol betounen, datt d'Regierung während der Kris alles gemaach huet, fir d'Leit an der Aarbecht ze halen. Ech brauch net an d'Detailer anzegoen, se si schonn e puermol ernimmt ginn.

Dat war immens wichteg fir déi sozial Kohäsioun an huet och déi sozial Konsequenze vun der Kris ofzefiedert, inklusiv den héije Chômagetaux. D'Aarbecht muss och weiderhin e wichtige Stellwäert behalen an ass weiderhin e schützende Facteur géint Aarmut.

Ma d'Aarbecht aleng ass awer kee Garant derfir, vum Aarmutsrisiko geschützt ze sinn. Et ass kee Garant derfir, net an d'Aarmut ze falen. D'Statistike weisen dat ganz kloer, jo, se weise souguer en negativen Trend, well d'Inegalitéiten an den Aarmutsrisiko nach klammen. Virun allem Elengerzéier a Famillje mat méi wéi dräi Kanner sinn dovu beträff. Bei Famille mat zwee Elterendeeler a méi wéi dräi

Kanner läit den Aarmutsrisiko bei 35 %. Dat ass vill! Bei Monoparentalle mat méi wéi dräi Kanner läit en iwwer 40 %. Dat ass nach vill méi! An et sinn och si, déi d'Enner um Schluss vum Mount nach am mannsten zesummekréien.

Dëse Budget liwwert heirop eng Rei Äntwerten, zum Beispill mat der Reindexéierung vum Kannergeld, wou och derfir gesuergt gouf, dass déi rezent Indextranche réckwierkend ausbezuelt gëtt. An och d'Allocation de vie chère, déi jee no Gréisst vum Stot am Montant klëmmt, gëtt ëm 200 Euro erhéicht. Zesumme mat der Erhéijung vun 10 % aus dem leschte Joer schwätze mer also zum Beispill fir eng Famill mat iwwer dräi Kanner vun engem Plus vun am Ganze 460 Euro.

Och Elengerzéier profitéieren dovun, mee grad hei ass, wéi gesot, den Aarmutsrisiko besonnesch héich. An dofir gëtt an der ëffentlecher Diskussioun an deem Kontext oft iwwert d'Individualiséierung vun der Akommessteier geschwat. Déi misst ëmgesat ginn, fir dëse Problem unzegoen.

Ech denken, Dir Dammen an Dir Hären, datt mer hei zwou Saache mussen trennen.

Zum engen ass d'Individualiséierung vun der Akommessteier an eisen Ae positiv, well doduerch all d'Biergerinnen a d'Bierger, onofhängeg vun hirem Bezéiungstatus, méi gerecht besteiert ginn, an dowéinst ass et richtig, un dësem Zil festzehalen.

Zum anere besäitegt d'Individualiséierung awer net zwangseefeg den Aarmutsrisiko. D'Monoparentalle mat klenge Revenuen, zum Beispill mam Mindestloun, bezuele jo haut scho relativ wéineg Steieren. Doru géif och d'Individualiséierung net entscheedend vill änneren. Och d'Iddi, déi ëmmer nees geäussert gëtt, d'Monoparentalle missten einfach an d'Steierklass 2 gesat ginn, gräift an eisen Aen ze kuerz. Eng Elengerzéierin - meeschtens sinn et jo Fraen, munchmol och Männer - géif mam net qualifizierte Mindestloun just knapp 17 Euro am Mount manner Steiere bezuelen, wa se zum Beispill vun der Klass 1A an d'Klass 2 géif steigen.

Als gréng Fraktioun bezweifele mer also, datt déi Ëmklasséierung den Aarmutsrisiko substanzieel géif reduzéieren. D'Fro vun der Individualiséierung ass éischer eng vu Stiiergechtegkeet par rapport zu der Liwenssituatioun am gesellschaftspolitesche Sënn an net eng vun der Aarmutsbekämpfung.

Wa mer awer eppes géint d'Aarmut vun Alengerzéierende maache wëllen, da musse mer un anere Schrauwen dréien, dat besonnesch, fir d'Monoparentalle mat klenge Revenuen ze entlaaschten.

Wat dës Problematik ugeet, esou huet den Dan Biancalana a sengem Rapport eng Recommendation gemaach, déi mer ënnerstëtzen, a mir begrëssen och, datt de Premier a senger Ried zur Lag vun der Natioun eng entspreichend Ouverture gemaach huet.

Konkreet geet et drëms, d'Barëmen, fir an de Genoss vun der Allocation de vie chère ze kommen, no uewen ze adaptéieren. A firwat net och hei bei Alengerzéier e besonneschen Akzent setzen?

Eng aner Pist, déi muss diskutéiert ginn, gesi mer bei der Erhéijung vum Crédit d'impôt fir Alengerzéier.

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dat ass dat eent. Dat anert ass, datt de Steier- a Sozialsystem generell esou opgestallt muss ginn, dass en et fäerdegbréngt, déi steigend sozial Ongläichheeten anzédämmen. D'Zuele vum Statec weisen, dass d'Inegalitéiten an de leschte Joren net vum Steiersystem opgefaange konnte ginn. A grad dowéinst ass et wichteg, d'Fro vun der Ëmverdeelung méi genee a méi breet ënnert d'Lupp ze huele wéi bis elo. Dofir gëtt se och deemnächst diskutéiert an all hiren Aspekter.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dir Dammen an Dir Hären, fir eis ass et jiddefalls kloer, datt méi e fairen Equiliber tëscht der Besteierung vun der Aarbecht an der Besteierung vum Kapital néideg ass, fir déi klammend Ongläichheeten anzédämmen, wuel wëssend, datt ëmmer méi Benefisser iwwert d'Digitaliséierung, awer net iwwert d'Aarbechtskraaft, zustane kommen, wuel wëssend, fir digital Geräter brauchen d'Betriber keng sozial Chargen a keng Laaschten ze bezuelen. De geplangten Débat d'orientation iwwert d'Moderniséierung vum Steiersystem gëtt eis dann och d'Geleeënheet, eis nach eng Kéier méi am Detail dozou ze positionéieren.

Ech kommen zu enger anerer sozialer Fro, net nëmme sozial, mee ëmmer méi sozial: Et ass déi vun der Logementskris, an déi beschäftigt eist ganz Land. D'Wunnen ass zu engem Facteur ginn, deen d'Gesellschaft ëmmer méi auserneendreift a vill Mënschen, virun allem Jonker, mee och Eelerer, zur Verzweiflung bréngt. Net jidderereen huet d'Chance, scho bei der Gebuert Proprietär ze sinn, well en eng Wunneng oder eng Villa ierft, ouni jee dofir geschafft ze hunn. Op där anerer Säit stinn déi, déi zwar vill schaffen, mee sech net emol eng

Locatiounswunneng kënnen finanzéieren. Domat verbonnen ass déi net onwichtig Feststellung, datt de Fokus zu Lëtzebuerg vill ze vill laang op den Accès zur Propriétéit geluecht ginn ass, während d'Locatiounswunnege vill ze vill laang als mannerwäerteg Noutléisung fir sozial schwaach Familljen, Reesender oder Studenten a Studentinnen ugesi gi sinn. An dofir ass et och kee Wonner, datt den Accès zur Privatpropriétéit mat Steierbegënschtigungen, wéi zum Beispill dem bëllegen Akt, erlichtert ginn ass.

Haut stellt sech eraus, datt esou Erliichterungen d'Präisser weider no uewe gedriwwen hunn, well se d'Demande ugeheizt hunn, ouni datt d'Offer der wuessender Demanden gerecht konnt ginn an ouni awer och de Problem vun de feelende Locatiounswunnengen ze léisen.

Eng Steiererliichterung beim Kaf vun engem Logement fir Locatiounszwecker ass den Amortissement accéléré, dee geduecht war, fir d'Investissementer an d'Immobilien ze féerden. An och bei deem Instrument stellt sech eraus, datt et keen Impakt op d'Steigerung vun der Wunnoffer hat.

Gläichzäiteg kaschten dës sougenannten Dépenses fiscales de Staat awer 50 Milliounen Euro d'Joer. Dat ass eng gewaltig Zomm. An dat si Suen, déi an anere Beräicher feelen.

Fir eis ass d'Erofsetze vum Taux beim Amortissement accéléré duerch de Budget 2020 (veuillez lire: 2021) en éischte wichtige Schrëtt gewiescht an déi gutt Richtung. An et schielt sech lues a lues anscheinend e Konsens eraus, datt dëst Instrument lues a lues muss ofgeschafft ginn. Dat ass erfreenlech.

An der Vergaangenheet gouf doriwwer eraus verpasst, eng staatlech Reserv vu bezuelbarem Wunraum opzebauen, deen an ëffentlecher Hand bleift an och zu Locatiounszwecker genotzt ka ginn. Leider ass de Contraire erfollegt: Vill ëffentlech Immobilie gouden un de private Marché verkaaft mam Resultat, datt de Staat an d'Gemengen haut just e Brochdeel vun de Wunnengen zu Lëtzebuerg besëtzen.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst, op wat ech eraus wëll: Mir brauchen eng Logementspolitik, déi der ëffentlecher Hand méi Gewicht a méi Verantwortung gëtt an déi d'Schafe vum ëffentlechen, nohaltegen a bezuelbare Wunraum finanzéiert a laangfristeg ofséchert.

Stéchuert Pacte Logement, deen d'Gemeenge mat an d'Boot hëlt. Stéchuert Fonds spécial logement, wou d'Depensé vun 170 Milliounen am Joer 2021 op 327 Milliounen am Joer 2022 klammen, fir ëffentleche Wunraum ze schafen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dat ass quasi eng Verdeubelung.

Duerno klammen d'Depensen am Pluriannuel weider op 351 Milliounen fir d'Joer 2023. Dat ass méi wéi jee an der Geschicht.

Donieft mussen natierlech Wunnfläche mobiliséiert ginn, déi am Aklang mat der Landesplanung stinn, sech also landesplaneresch an ëmweltpolitesch gutt fir Bauzwecker eegnen an och tel quel an de PAGE vun de Gemenge klasséiert musse ginn oder klasséiert sinn. D'Instrumenter, déi mer brauchen, fir dee Prozess ze beschleunegen, nenne sech Reform vun der Grondsteuer an Aféierung vun enger Spekulationssteuer, déi an engem Land mat net villen, mee dofir ëmsou méi dominante Spekulate längst iwwerfällg ass.

Här President, all dës Schrëtt huet de Logementsminister zesumme mat senger Regierungskolleeginnen a -Kolleegen agelaut. An et ass erfreenlech ze héieren, datt scho vill Gemengen de Pacte Logement ënnerzeechent hunn a matschaffe wëllen, aktiv wëlle ginn a bereet sinn, deem Instrument eng Chance ze ginn.

Wann een da bemängelt, mam geplangte Bau vu 4.300 ëffentleche Wunnengen bis 2025 géif et bei Wäitem net duer an déi Zuel misst dann ëm dat x-facht multiplizéiert ginn, dann ass déi Fuerderung gewässeremoosse verständlech, well d'Demande effektiv extreem héich ass. Allerdéngs stellt sech dann d'Fro, wien déi Wunnengen alleguer a kuerzer Zäit soll bauen, wann ee weess, datt d'Betriber schonn elo voll ausgelascht sinn, an datt d'Salariéien net 24 op 24 Stonnen a siwen Deeg op siwe kënnen schaffen.

Mir sinn e Land, wat op gutt Kollektivverträge setzt an op gutt Aarbechtskonditiounen a wou d'Sécurité an d'Santé au travail eng weesentlech Roll musse spillen, fir Aarbechtsaccidenter ze verhënnern. Also kann een hei net d'Utopie erbäizubereen. Dëst emol ofgesi vun de Liwwerenkpäss um Niveau vun de Baumaterialien, déi momentan am Bausector zu ville Retarde féieren.

Als Gréng begrëisse mer jiddererfalls, datt an der Logementspolitik endlech Neel mat Käpp gemaach ginn, déi realistesch sinn an net utopesch, an datt esou vill investéiert gëtt wéi ni virdrun. Mir sinn awer net esou arrogant ze behaapten, muer wären

all d'Problemer geléist, datt hunn anerer virun eis gemaach.

Vill investéiert ...

(**Brouhaha**)

... gëtt awer net just an de Logement.

D'Investissementer brieche och global gekuckt all Rekorder fir d'Joer 2022. An de Jore virun der Kris louche mer am Duerchschnitt bei 3,6 % vum PIB. Fir d'Joren 2022-2025 si mer bei enger Moyenne vu 4,5 %.

(**Brouhaha**)

Domat leie mer däitlech iwwert der europäescher Moyenne a beweisen eng weider Kéier, datt dës Koalitioun net zéckt, fir Lëtzebuerg fit ze maache fir d'Zukunft, och a grad a Krisenzäiten!

Dat zielt an éischer Linn fir den Ausbau vum ëffentlechen Transport an der Multimodalitéit, zesumme mat der duusser, der aktiver Mobilitéit, mee och fir aner wichteg Infrastrukture wéi zum Beispill Lycéien oder Alters- a Fleegeheimer.

Wat den Ausbau vun der Schinn ugeet, sou klëmmt d'Alimentatioun fir de Fonds du rail am Budget 2022 ëm weider 7,5 % op elo iwwer 410 Milliounen Euro am Joer.

Sinn dat keng grouss Projeten, léiwe Verrieder vun der CSV? A wat stellt Der lech konkreet ënnert deene grouss Projete vir, déi Der de Moien erbäigewünscht hutt? Dat géif mech wierklech interesséieren. Dir hutt gesot: dës Koalitioun géif keng grouss Projete realiséieren, déi géife feelen. Et wär interessant ze héieren, ...

(**Interruption**)

... wéi eng Projeten Dir lech hei géift wënschen. An da wär dat jo eng Diskussioun wäert!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Madamm Lorsché, erlaabt Der, datt den Här Gilles Roth lech eng Äntwert gëtt?

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ma gären.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Nee, nee! Ech stellen eng Fro, an dat wär zur Ukënnegung, dass Är Regierung, dass Är Majoritéit an Äre gréng Wunnengsbauminister an der Deklaratioun vun der Lag vun der Natioun gesot hunn, bis 2025 géifen 8.200 nei Wunnengen duerch ëffentlech Bauträger gebaut ginn. An ech hätt gäre vun lech dann d'Äntwert, well Dir sidd d'Fraktiounspresidentin ...

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Jo.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- ... vun der Fraktioun vun deene Gréngen, wéi a wou déi solle kommen. Well d'budgetär Moyerenen, déi do sinn, dat sinn 300 Milliounen, déi pro Joer virgesi sinn. An ech hunn lech de Moie gesot, um Beispill vun dem Projet „Wältgebond“, deen Är Parteipresidentin, d'Djuna Bernard, ganz gutt kennt, dass do fir eng Wunneng 500.000 Euro gebraucht ginn. Also hunn ech mat ...

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- A, da verstinn ech lo, wat Der gesot hutt. Okay.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- ... einfache bescheidene Mëttele gerechent, dass Der der elo just 600 mat deene budgetäre Mëttele kënn realiséiere pro Joer. An dat geet duer fir 2.000 an net fir 8.200. An duerfir stellen ech lech d'Fro, ...

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- A.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- ... dass Dir mer sot: Wou kommen déi 8.200 hin? A wéini sollen déi ugoen, a wéini solle se fäerdeg sinn?

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- A. Merci, Här Roth. Ech hat lech de Moien esou verstanen, wéi wann Dir zousätzlech grouss Infrastrukturprojete géift wënschen, wou ech net richtig wousst, wéi eng Der géift mengen. Dir hutt et just am Kontext vum Logement gesot.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Nee. Et ass eigentlech sou, wann een eppes an enger Regierungserklärung seet, dass een dat dann awer och kann an däerf kritischesch als Oppositionspartei hannerfroen, an ech kréien do keng Äntwert. An duerfir hunn ech gesot, dass dat do eigentlech am Logement eng blo-routgréng Ukënnegungspolitik ass, déi ouni Doten handendru geschitt.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Also, dës Koalitioun setzt sech immens héich Ziler. A se mécht dat, ...

(**Brouhaha**)

... a se mécht dat, wat an deenen Ziler maachbar ass. Ech hunn elo op d'mannst zéng Minutten iwwert de Logement geschwat. Ech hunn erzielt an erkläert, ...

■ **Une voix**.- Et gëtt dach näischt gebaut!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... wat do gemaach gëtt.

(**Brouhaha**)

Dach, et gëtt gebaut! Et gi 4.300 Wunnengen ...

■ **Une autre voix**.- Nee.





(*M. Marc Spautz prend la présidence.*)

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... elo zousätz-lech gebaut. Et gi grouss Wunnprojeten ëmgesat.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Déi sinn a Ge-setzer gefloss. Mir hunn de Pacte Logement an de Gemengen, wou d’Gemenge mobiliséiert ginn. Mir hunn eng ganz Rei Projeten, déi an de Gemenge schonn ugeleiert ginn. An ech mengen, Dir als Buer-germeeschter hat selwer deslescht jo nach e Projet hei, deen héich gelueft ginn ass, wann ech mech net ieren.

(*Brouhaha*)

Ech denken, Dir sidd och ënnerwee. A wa mer all zesummeschaffen an net ëmmer d’Wunnengspoli-tik géinteneen ausschleuchten, da komme mer och vläicht an dësem Land eng Kéier weider.

(*Brouhaha*)

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Är Zuele gi just net op!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Majo da ...

■ **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Déi ginn net op!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... maache mer eng Tabell an da kritt Der déi geschenkt.

(*Interruption par M. Gilles Roth*)

■ **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Déi hätte mer awer wierklech gär.

■ **M. Gilles Roth** (*CSV*).- Jo.

■ **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Déi hätte mer wierklech gär. Awer wierklech!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ech hunn elo meng Tabellen net hei. Ech sinn och elo grad net am Ministère ënnerwee. Mee ech kann déi awer be-suergen.

(*Brouhaha*)

Ech sinn och net Wunnengsbauminister mat allen Zuelen, déi do virleien.

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Madamm Lorsché, erlaabt Der nach eng Fro vum Här Roth?

■ **M. Gilles Roth** (*CSV*).- Jo.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- O, wann e Spaass drun huet.

(*Hilarité*)

■ **M. Gilles Roth** (*CSV*).- Merci. Jo, Här Chambers-president Spautz, mir hätten eigentlech gären, dass Dir déi Lëscht géift vun der Madamm Lorsché an Empfänger huelen, wa si als Deputéiert am Ministère ënnerwee ass.

(*Hilarité*)

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ech hu gesot: „Ech sinn net am Ministère ënnerwee“, Här Roth!

(*Hilarité*)

Dir hutt net gutt nogelauschtert!

■ **Une voix**.- Fuert weider!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ech fueren awer elo léiwer weider mat der Mobilitééitspolitik an hu scho laang vun der Logementspolitik geschwat. An ech betounen nach eng Kéier, dass ech gesot hunn, ech wär net am Wunnengsbauministère ënnerwee. Da verdréit de Leit och hei net d’Wierder am Mond!

■ **Une voix**.- O!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ech komme bei de Fonds du rail, wou konstant eng hallef Milliard am Joer investéiert gëtt. An och dat ass en décke Batz. À terme schafe mer mat dëser Politik en at-traktiven ëffentlechen Transport, deen net just gratis ass, mee och praktesch an zuverlässeg.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dem Statec no stellt dës Gratuitéit besonnesch fir akomesch-schwaach Familien eng grouss Plus-value duer. An dowéinst kann een och hei effektiv vun enger sozia-ler Moosnam schwätzen. Mat der schréttweiser, mee konstanter Verbesserung vun der Offer suerge mer derfir, datt eng ëmweltschounend Mobilitéit lues awer sécher Realitéit gëtt a fir jiddwereen zou-gänglech gëtt. Grad wéi am Logement kënnen mer natierlech och hei keng Wonner wierken. Et kann een nëmmen eng Zill no där anerer leeën. Et kënnen awer couragéiert Decisioune geholl ginn an et ka konsequent weidergeschafft ginn. An dat gëtt ge-maach.

An hei sprécht de Budget Bänn. D’Resultat erlieft ee schonn aleng, wann ee gratis, sécher a pénktlech mam Tram vun der Gare an den Utopolis oder an d’Ausstellungshalen um Kierchbiarg fiert. Wien hätt dat virun zéng Joer geduecht! An ech mengen, sou-guer d’Géigner fueren hautdesdaags mat.

■ **Une voix**.- Jo.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- En anere Be-räich, wou d’Investitioune massiv klammen, a wou

ech och am Ufank schonn dervu geschwat hunn, ass natierlech dee vum Ëmwelt- a Klimaschutz, wou et drëms geet, eist Land a Richtung Klimaneutrali-téit ze orientéieren, sief et beim Ausbau vun den er-neierbaren Energien an de Stroumnetzer, sief et am Natur- a Klimaschutz, déi mat der wirtschaftlecher Entwécklung Hand an Hand musse goen. An deem Sënn erneiere mer mat dësem Budget eist Enga-gement fir eng klimaneutral Zukunft.

D’Ausgabe fir d’Ëmsetzung vum Klima- an Energie-plang klammen am Joer 2022 op 1,9 Milliarden Euro a wäerte bis d’Joer 2025 op iwwer 2 Milliarde pro Joer eropgoen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och d’Klimakris ass wéi déi aner Krisen eng sozial Fro, eng Fro vun der gesellschaftlecher Kohäsion, eng Fro vun der Sé-cherheet a vun der Existenz. Ech hunn et schonn am Ufank ënnerstrach a wéilt dës Ausso mat e puer Punkten illustréieren.

Global gekuckt sinn et virun allem déi méi aarm Länner, déi als Éischt vun de Konsequenze vum Kli-mawandel beträff sinn, och wa si net déi gréisste Pollueurë sinn. Datt 1 % vun eisem RNB, also onge-féier 380 Milliounen Euro, an d’Kooperatioun fléis-sen, ass begrëssenswäert, et ännert leider awer näischt un de Geforen an un den Auswirkunge vum Klimawandel, mat deenen dës Länner konfron-téiert sinn.

Zweetens si Stéit mat niddregem Akommes och zu Lëtzebuerg méi grouss Risiken ausgesat a finan-ziell vill méi schlecht virbereet, fir de materielle Konsequenze vun der Klimakris ze begéinen.

Ech ginn hei e Beispill: Et ass dat vun den Iwwer-schwemmungen, wou vill Stéit sech weeder nei Ge-räter a Miwwele konnte leeschten, nach hiert Haus séier a Stand setze konnten, well d’Mëttelen hinne gefeelt hunn. Et bleiwen natierlech d’Assurancen, déi awer net endlos belaauschtbar sinn, wann esou Katastrophen ëmmer op en Neits optrieden.

Här President, net anescht war et och direkt am Ufank vun der Pandemie, déi bei d’Klimakris derbäi-koum. Vun Ufank u waren déi sozial schwaach Schichten esouwuel duerch hir Wunnsituatioun wéi och op hirer Aarbechtsplaz méi engem grouss Ri-siko ausgesat. An et steet fest, datt et grad déi so-zial Schwaach sinn, déi och a Pandemiezäiten am séiersten duerch d’Netz vum Gesondheets- a So-zialsystem falen an am meeschte gefërdert musse ginn. Net, well eise solidaresche Santéssystem se fale léisst, mee well d’Preventioun an déi wichtegst Informatiounen dës Mënschen net am selwechte Mooss erreechen wéi déi bessergestallt a gutt in-forméiert Bevëlkerungsschichten.

Hei mussen an eisen Ae weiderhi vill Efforte ge-maach ginn, fir dës Mënsche besser ze erreechen. Oft scheitert et ganz aleng un der Kommunikatioun.

Drëttens dierf een net vergiessen, dass Stéit mat manner Akommes statistesch gesi méi heefeg Ëm-weltbelaachtungen ausgesat si wéi zum Beispill Kaméidi a Loftverschmutzung. Dës Stéit wunnen, et ass bekannt, méi heefeg op villbefuerene Stroossen an net op der grénger Wiss a sinn domat och de Konsequenze vun der Loftverschmutzung op d’O-temweeër méi staark ausgesat an dat, obwuel se statistesch gesi vill manner Zäregasemissioune verursaachen.

Alles dat weist, wéi wichtig et ass, dës Bevëlke-rungsgruppen ze schützen an ze ënnerstëtzen. Engersäits um Niveau vun der gesondheetlecher Virsuer, der Preventioun an der Ëmweltmedezinn, déi am Koalitionsvertrag festgehalten ass, a wou mäi Fraktiounskoleeg Marc Hansen eng Interpella-tioun ugefrot huet. Anerersäits awer och um Niveau vun der Energie a vun der Energieeffizienz, wou d’Regierung direkt op zwee Niveauen handelt.

Éischstens ginn akommesschwaach Familije kuerz-fristeg ënnerstëtzt, fir de steigenden Depensen ze begéinen. Dat geschitt mat der Erhéijung vun der Allocation de vie chère ëm mindestens 200 Euro - et ass betount ginn. Donieft huet den Energieminis-ter Claude Turmes och bei de Gas- a Stroumliwwer-ante séchergestallt, datt keen aus Geldnout d’Ener-gieversuergung ofgestallt kritt.

Op europäeschem Niveau ass en intervenéiert, fir datt esou Präishaussen an Zukunft mat méi streng reguléierte Gasreserve verhënnert ginn. An doriw-er aus kënnen d’Beneficiairë vun engem Office social vun hirem jeeweilegen Office gehollef kréien, fir hir Gas- oder Stroumrechnung ze bezuelen. Hei geet et ëm d’Garantie vum Service universel vum Stroum a vum Gas.

Zweetens gëtt d’Onofhängegkeet vun de fossillen Energië weidergedriwwen. Dat ass déi aner Pist. Dat geschitt op där enger Säit doduerch, datt de Staat an erneierbar Energien an an den Ausbau vun de Stroumnetzer investéiert a manner a fossill Energien. Op där anerer Säit lafen d’Primmen op Rekordniveau weider, fir d’Stéit beim Ëmklamme vu fossillen op klimafrëndlech Energien ze ënnerstët-zen.

Net anescht ass et an der Mobilitéit, wou de Kaf vun Elektroautoe massiv ënnerstëtzt gëtt. Mir sinn

eis bewosst: Elektroautoe reduzéiere kee Stau. Se droen awer derzou bäi, datt d’Loft an de Stied prop-per bleibt, datt manner Kaméidi ass an datt den In-dividualverkéier als ee vun de gréissten CO<sub>2</sub>-Verur-saacher vun de fossillen Energië lasskënt.

(*Brouhaha*)

Weider Propose sinn och an der Diskussioun, no-tamment d’sozial Staffelung vun der sougenannter PRIME House fir energieetesche Sanéierung, d’Virfi-nanzéierung vun dëser Primm an d’Analys vun der Präisentwécklung op den Energiemäert am Hibleck op weider Mesuren.

(*Brouhaha*)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kom-men zur Konklusioun a wéilt déi wichteg Roll vun ei-sem Sozialstaat a Krisenzäiten nach emol ënner-sträichen.

De reguléierenden a schützende Staat huet sech an der Pandemie nach ausgedeent. Am Fong ass eise Staat zu engem ëmfaassende Virsuergestaat ginn, dee sech den Erausfuerderunge vun de Krisen unhëlt a kee fale léisst. D’Gefor, déi sech dohanner verstoppt ass natierlech déi, datt d’Biergerinnen an d’Bierger, mee och d’Betriber, hir Verantwortung un de Staat ofginn, nom Motto: De Staat kann et riich-ten!

Dës Astellung, Dir Dammen an Dir Hären, dierf net zur Regel ginn, well jiddweree seng Verantwortung fir d’Kollektivitéit muss iwwerhuelen, esouwäit seng Mëttelen him dat erlaben.

An awer ass et fir eis kloer, datt mir weiderhin e staarke Sozialstaat brauchen, fir déi vill Erausfuer-derungen ze meeschteren, mat deenen eis Gesell-schaft konfrontéiert ass. Datt bal 50 % vun den De-pensë vum Zentralstaat an déi sozial Sécherheet fléissen, ass an där Hिसicht e staarkt Zeechen Et liwwert dee beschte Beweis, datt eis engagéiert Klimapolitik an d’Sozialpolitik net géinteneen aus-gespillt ginn. Se ginn Hand an Hand a sinn zwou Säite vun där selwechter Medail.

Fir ofzeschlëisse wéilt ech dann nach zwee Merci lassginn. Deen Éischten, Dir kënnt lech et denken, geet un den Dan Biancalana fir säi gudde Rapport a seng Presentatioun vu gëschter.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Et gi keng Notte méi verdeelt, mee ech mengen, Dir géift ganz uewe landen.

(*Hilarité*)

Een zweete Merci, ...

(*Brouhaha*)

... en zweete Merci geet natierlech dann un den Nach-Finanzminister Pierre Gramegna, mat deem mer och als Gréng gutt a kollegial zesummege-schafft hunn, och wann et munchmol ustrengend war, wéi Dir et de Muere selwer behaupt hutt.

Als gréng Fraktioun wënsche mer lech, Här Nach-Fi-nanzminister, Escher Jong, eng erfëllend Pensioun, wou Dir aneren Interessensgebidder, net nëmmen dem Tennis, nogoe kënnt a vläicht och entdecke kënnt, an dat hoffentlech nach vill Joren a Joren.

Alles Guddes vun eiser Säit. Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Merci der Madamm Lorsché. An deen nächsten agedroene Riedner ass den honorabele Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Villmools merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dës Ried op eng ganz harmonesch Manéier ufänken an duerno, ...

(*Brouhaha*)

... an duerno op eng ganz harmonesch Manéier virufueren.

(*Hilarité*)

A wéi kéint ech dat anescht maachen, wéi fir d’éischt dem Pierre Gramegna villmools Merci ze soen fir eng laangjäreg Aarbecht an eng exzellent Zesummenaarbecht!

Wësst Der, Här Gramegna, Dir waart ëmmer e Minis-ter mat Kompetenz, mat Experienz a mat Eloquenz. An Dir hutt wierklech Lëtzebuerg dacks dobause vertrueden, gutt vertrueden, och a schwierege Si-tuatiounen, wa mol nees iergend e Journalistekon-sortium ëffentlech zougänglech Dokumenter ent-deckt huet oder wann d’Europaparlament mol nees kritiséiert huet. An dofir hutt Der eis Unerkennung. Mir woren net ëmmer an der Saach mat lech d’accord, awer Dir hutt lech engagéiert an Dir hutt Res-pekt verdéngt. Dir hutt eise Respekt an eis Unerken-nung, an och vun eiser Säit aus alles Gutts fir Är Zukunft!

Och Ärer Nofollgerin, der Madamm Backes, wëlle mer alles Gutts wënschen. Mir hoffe vläicht, et ass e klenge Message, datt hir Europa-Begeeschterung net derzou féiert, fir an eng Fal ze falen, déi Dir awer evitéiere konnt, an an d’Europaparlament ze

goen, fir do Rechenschaft ofzeleeën. En nationale Minister leet viru sengem nationale Parlament Re-chenschaft of a soss néierens.

Dat war den harmoneschen Ufank.

(*Hilarité*)

An dofir wollt ech awer elo och vläicht soen, zu der Analys, déi Der iwwert de Stabilitéitspakt gemaach hutt: Mir hunn dat zur Kenntnis geholl, datt Der do en aneren Numm proposéiert, mee u sech ass et méi wichtig, wéi dee Stabilitéitspakt dann ëmgesat gëtt, och an den nationale Parlamenter, wéi wéi en heescht. Wann en, wéi d’leschte Kéier, iwwer e reglementaresche Wee geet, wou déi national Par-lamenter praktesch ausgeschloss sinn, hu mer en Demokratiedefizit. An ech mengen, an den Ae vun der ADR ass dat méi e grouss Problem wéi den Numm vun deem Ganzen.

Ech wëllt och dem Här Dan Biancalana e ganz häerzleche Merci soe fir dee Rapport, deen en eis gëschter gemaach huet.

An en huet den Akzent gesat op déi existenziell Sé-cherheet. Dat wor e ganz interessante Rapport. Et muss ee soen, datt en eng ganz Partie Saachen op-geworf huet, an deene mer, mengen ech, zesumme sollten no Léisunge sichen. An ech wëll hei d’Kapi-tel iwwert d’Justiz besonnesch betounen. Dir hutt jo och eng berufflech Erfahrung, déi ganz no un där Thematik läit. An ech wëll lech dat Kompliment maachen, datt Der do wierklech eng Rei vun interes-sante Suggestiounen gemaach hutt.

Ech wëll awer och soen, datt mer bei anere Saa-chen ...

(*Brouhaha*)

... net d’accord sinn. Dat ass eeben esou an enger Demokratie. Mir mengen zum Beispill, datt de Cen-tre pour l’égalité de traitement genuch Kompeten-zen huet. Mir denken och, datt ee bei de Crimes de haine - dat ass e Kapitel, deem Der lech och ugeholl hutt - keng Circonstances aggravantes soll ma-achen, well et kënnen net Affer un éischter oder zweeter Kategorie ginn, wann elo zum Beispill ge-sot gëtt, wann dat elo aus homophoben, trans-phoben oder rassistesche Grënn wär, wär dat eng Circonstance aggravante. An eisen Ae kann et net Affer vun éischter oder zweeter Kategorie ginn. Deen ale wäisse Mann, heterosexuell och nach, dee soll genausou geschützt ginn wéi déi jonk schwaarz lesbesch Fra. Et kann do keen Ënner-scheed tëschent Affer ginn. Dofir mengen ech, muss een do awer ganz virsiichteg sinn. De Staat soll do keng Ënnerscheeder maachen.

(*Brouhaha*)

Et ass e Wee, deen ee ganz liicht kann an eng Situa-tioun féieren, wann iwwerall en Haassverbrieche gesi gëtt, wou een herno an enger Situatioun ass, datt praktesch all Revendicationen vun enger relativ militanter Minoritéit muss akzeptéiert ginn, soss huet ee scho vläicht e Prozess um Hals. An ech mengen, dat ass e Wee, op dee mer net sollte goen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- An Ärer Ried, Här Biancalana, wéi och den Här Gramegna, hutt Dir allen zwee insistéiert, datt Lëtzebuerg déi Covidkris relativ gutt iwwerwonnen huet. Doriwwer freeë mer eis alleguer. Dat ass och richtig, weinstens bis elo. Hoffentlech bleibt dat och esou! An et géllt also elo, d’Jalone fir d’Zukunft ze setzen.

An ech wéilt dësen Ausfluch an d’Budgetspolitik dann och vläicht ufänke mat engem Ausfluch an déi international Politik. Ech mengen, och Dir, Här Biancalana, wéi och den Här Gramegna, hutt dat och ëmmer gemaach: Fir d’éischt mat deem inter-nationalen Ëmfeld ugefaangen an da gekuckt, wéi mir hei zu Lëtzebuerg reagéieren, well mir sinn nun emol kleng, et ass ëmmer derwäert, och eng Kéier kuerz an oder op Europa ze kucken, ier mer deen nationale Budget diskutéieren.

Eng éischt Bemierkung betrëfft d’Politik vun der eu-ropäescher Zentralbank. Do musse mer gesinn, datt zënter der Bankekris vun 2007/2008 enorm vill Sue gedréckt goufen, fir d’Solvabilitéit vun de Banken ze retten. Net nëmmen d’Solvabilitéit vun de Banken, mee och, fir d’Vertrauen tëschent de Banken ze re-tabléieren an d’Realekonomie mat Suen kënnen ze alimentéieren, well et eebe bei de Banke praktesch keng Kreditter méi gouf.

Dat huet Efforte kascht. Et ass och lues a lues erëm gelongen, fir de System erëm un d’Rullen ze kréien, mee trotzdem, 15 Joer no der Subprimekris, musse mer eis awer froen, ob déi Kris wierklech ganz iwwerwonnen ass. Mir hunn nach ëmmer on-heemlech vill wäertlos, sougenannt „toxesch“ Pabeieren, an de Bilane vun de Banken a vun den Zentralbanke leien. Wéivill Eegekaptal verlaange mer vun eise Banken? A wéi sollen d’Banken haften, wa si sech verspekuléieren? Mir hunn enorm nid-dreg Eegekaptalufuerderungen an d’Banken. Wann Der als Privatpersoun wëllt e Kredit kréien, da leit Der bei engem Drëttel oder wéi och ëmmer, jee no-deem, wat Der gären hätt a wou Der et frot. Mee bei de Banken ass déi Eegekaptalratio däitlech méi





niddreg, dofir muss een oppassen, datt sech net verspekuléiert gëtt.

An et ass och prinzipiell nach ëmmer falsch, de Risiko vum Bankegeschäift ze vergesellschaften an eventuell Gewënner ze privatiséieren. Och do muss mer en An drop halen.

D'Reegele vun der Bankenopsicht, sinn dat déi richteg? Gesi mir och e Feeler, deen deemools gemaach ginn ass, e politesche Feeler, gesi mir deen? Zéie mer déi richteg Konsequenzen, datt deemools aus politesche Grënn an den USA decidéiert ginn ass, datt d'Leit, och wa se keng Garantïë kënnen of fréieren, solle Kreditter kréien, eng vun den Hauptursaache fir déi Bankekris an déi mer deemools gerode sinn?

Déi zweet grouss Kris, déi mer an deene leschte 15 Joer erlieft haten, war natierlech d'Kris am Mëttel-mierraum, zum Beispill d'Griicheland-Kris, awer net aleng Griicheland. Och do muss ee gesinn, datt et nach ëmmer enorm Ënnerscheeder gëtt an der Kompetitivitéit tëschent dem Süden an dem Norde vun der Eurozon, an do stelle sech och ganz grouss Erausforderungen.

Mir hunn als ADR do ëmmer dräi konkreet ekonomesch Virschléi gemaach. Deen éischten ass, datt d'Léisung vun den Zënsspannungen tëschent dem Süden an dem Norden net kann eng Transfertunion sinn, mee d'Méiglechkeet fir eenzel Länner am Euroraum, fir d'Währungsunion zäitweileng ze verlossen. Et ass och dat, wat mer bei Griicheland proposéiert haten: zäitweileng eraus fir kënnen ofze-wäerten. Dat war deemools eis Meinung. Et bleift se!

Deen zweete Punkt, deen am Eurosystem reformbedürftig ass, ass den TARGET-System. Do hu mer e Problem iwwert d'Zäit, deen net méi kleng gëtt. D'Amerikaner hate ganz am Ufank, wou d'USA sech constituéiert hunn, och esou e Problem, si sinn op e System eriwuer gaangen, am federale Reservesystem, wou se einfach all Joer en Ausgläich maachen tëschent de Bundesstaaten. Mir sinn hei, wat d'Währungsunion ugeet, an enger vergläichbarer Situation an dofir denke mer och, datt e järelechen Ausgläich tëschent den Zentralbanke sollt geschéien.

An deen drëtten Punkt ass, datt d'Politik vun de gemeinsame Scholden an der EU falsch ass. Den Euroraum ass keng Haftungsunion, wou ee fir deem anere seng Scholde muss bezuelen oder ee fir deem anere seng schlecht ekonomesch Gestiou muss rüchstoën. Gemeinsam Scholde sinn och e Vertragsbroch! Et ass erschreckend, wann ee gesäit, mat wéi enger Nonchalance, mat wéi enger Nonchalance! déi westlech EU-Länner sech ëmmer nees iwwer Verträge ewechgesat hunn, notament de Vertrag vu Maastricht. Ech weess net, wéi oft - wäit iwwer honnertmol - déi Reegele verletzt goufen am Laf vun der Zäit, an dat ass kee Problem gewiescht. Mee an anere Froen, net monetäre Froen, ginn eenzel Memberstaaten, virun allem am Oste vun Europa, awer ganz staark epingléiert wéinst Vertragsbréch oder och Netvertragsbréch, well déi Kriticken, déi se mussen erdroen, dacks emol net an de Verträge stinn. Also, hei gesi mer eng Diskrepanz tëschent dem Behuele vun dem westlechen Deel vun der Europäescher Union par rapport zu deene méi ëstleche Memberlänner.

An eng aner Kris, niewent Subprime a Mëttelmier, wou ganz vill Sue gedréckt goufen, war natierlech elo déi rezent Covidkris. An dat hu mir och ënnerstëtzt, well et muss ee jo kucken, datt een esou eng Kris da gemeschert kritt. Mee an deene leschte 15 Joer, duerch déi dräi Krisen, ass d'Geldmass an den Zentralbanken enorm gewuess a läit wäit iwwert dem reelle Besoin vun der Ekonomie. Do ass eng Diskrepanz, an dee Facteur, zesumme mat de Liwwerschwiegkeeten an der Héicht vum ugespuerten oder thesauriséierte Kapital, féiert zu enger eminenter Inflatiounsgefor. Mir gesinn dat haut schonn a ville Beräicher, bei de Baupräisser zum Beispill. An aktuell läit d'Inflatioun hei zu Lëtzebuerg bei 4,52 %, wat schonn héich ass. De Mazout ass duebel sou deier ginn an engem Joer! De Piraten ass en nach net héich genuch, krute mer viru Kuerzem erkläert, mee dat ass awer eng dramatesch Entwécklung.

Inflatioun ass näischt Guddes an näischt Harmloses. Wann och eng lichter Inflatioun bis zu ongeféier 2 % allgemeng nach als Präisstabilitéit gëllt, ass awer all Inflatioun doriwwer eraus eng direkt Gefor fir all déi Leit aus méi modeste Verhältnissen an och fir de gréissten Deel aus de Mëttelschichten. Wien net an Immobilien oder an déi fest Wäerter konnt investéieren, riskéiert eng schläichend Enttegnung duerch d'Inflatioun. Wie gespuert huet fir säin Alter, muss em déi Sue fäerten. Normalerweise missten an Zäite vun Inflatioun d'Zënse och nees klammen, wat och fir vill Leit eng grouss Laascht duerstellt, zum Beispill, wa se Immobilienkreditter hu mat variablem Zënssaz.

Mee an enger Inflatioun wéi elo stellt sech awer d'Fro - an dat ass eng vun de Konsequenze vun deene Krise vun deene leschte Joren -, ob d'Europäesch Zentralbank iwwerhaupt nach handlungsfäeg ass. Well wa se d'Zënse erhéicht, gëtt et

Spannungen zwëschent dem Norden an dem Süde vun Europa, a wa se se net erhéicht, da verléieren natierlech d'Spuerer am Norde vun Europa hiert Gutt. Dat ass e Spannungsverhältnis an et muss ee kucken, ob se elo an dëser neier Inflatioussituation handlungsfäeg ass.

D'ADR ass der Opfaassung, datt d'Geldmass an den Zentralbanke muss progressiv zrëckgeschrauft ginn an d'Geldmass muss deenen normale Besoine vun der Ekonomie ugepasst ginn. Den normale Wee dofir ass de Verkauf vun deene Pabeieren, déi awer praktesch näischt wäert sinn. Also muss mer eis drop astellen, datt d'Zentralbanken, och d'EZB selwer, Verloschter mussen an hire Bilanen aplangen, progressiv, fir awer erëm déi Upassung ze hunn tëschent der Geldmass an de Besoine vun der Ekonomie.

Bei där Inflatiounsgefor, déi mir elo skizzéiert hunn, ass et kloer, datt d'ADR sech däitlech fir d'Erhale vun eiselem Indexsystem ausspricht. Mir mussen eis awer ëmmer nees froen, ob den Index a säi Wuerekuerf och wierklech d'Evolution vun de Liewens-käschte bei eis am Land nach korrekt duerstellen. Dat ass awer nëmmen deelweis de Fall.

D'Energiepräisser sinn zum Beispill net genuch matberücksichtigt. Dir wësst, datt d'ADR fir d'Ofschaffung vun der Kuelendioxidsteuer ass, wéi den Här Keup et hei scho méi dacks erkläert huet. Eiser Meinung no däerf déi Steuer, esoulaang et si nach gëtt, net méi weider erhéicht ginn. Jiddefalls muss si awer och an den Index kommen.

Mir sinn och derfir, datt de Präis vun Wunne méi am Index berücksichtig gëtt. Dat ass ee vun deene wichtigste Facteure bei de Käschte vun engem Stot iwwerhaupt an an deem Sënn wéilt ech hei, Här President, och eng Motioun iwwerreechen.

#### Motion 1

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*- d'Wunnkäschte fir vill Leit, a besonnesch fir akommesschwaach Familljen an Eenzelpersonen, een ëmmer méi héije Käschtefacteur duerstellen;*

*- d'Inflatioun an der Eurozon unzitt, an dat besonnesch och bei den Energiepräisser,*

*ass sech bewosst, datt*

*- d'Kafkraaft vun de Bierger opgrond vun dësen Entwécklung weider ofhëlt, och well zum Beispill d'Wunnkäschten an d'Energiekäschten net be-zéiungsweis net integral indexéiert sinn;*

*- den Index doduerch net dee reale Kafkraaftverloscht kann erëmspigelten an opfänken,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- d'Käschte fir d'Wunnen a fir d'Energie op eng realistesche Manéier an den Indexwuerekuerf mat opzehuelen.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

■ **Une voix.** - Ganz richteg, Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, eng vun deene gréisste Suergen, déi mir hunn, ass d'Scholdelaascht. Mir leien no un der 30 %-Mark, gemooss um PIB, wat fir esou e klengt Land vill ze héich ass! Déi héich Staatsschold ass och nach laang net d'Resultat vun der Covidkris eleng - déi huet sécher an deene leschten zwee Joer eng bedei-tend Roll gespillt -, mee si ass d'Resultat vun enger - ech muss et soen, Här Gramegna - awer lichtfankeger Budgetpolitik, an dat zënter 2013.

Si ass dat direkt Resultat vum Regierungsstil och vun dëser Regierung: Jidderee kritt e bëssen, wat e wëllt, jiddereng vun deenen dräi Parteien, Prioritéite gi praktesch keng gesat, Arbitragé sinn dann och net néideg, dofir awer gi Scholde gemaach. Dat ass deen einfache Wee, an dat och nach an deenen nächste Joren: D'Scholde gi weider an d'Luucht. 2012, dat Joer viru Gambia, hate mir pro Kapp eng Schold hei am Land vun 18.000 Euro an dat war scho vill. 2022 leie mir bei 29.000 Euro op de Kapp. D'Populatioun ass staark gewuess an der Tëschen-zäit, an awer gesitt Der de risege Wuesstum: iwwer 19 Milliarden Euro am Ganzen um Enn vum nächste Joer! An d'Scholde ginn déi nächst Joren dann och weider an d'Luucht.

Dat ass an eisen Aen absolutt verantwortungslos. All deene Jonken, déi op d'Strooss fir de Klima ginn, muss ee soen, dass d'Scholdelaascht fir si an hir perséinlech Zukunft eng vill méi direkt Gefor ass wéi e méigleche Klimawissel. Just, et arrangéiert d'Regierung net, fir de Schüler fräizegi fir Fridays-against-public-debt-Demonstrationen oder esou eppes. Dee Problem gëtt net ugeschwat an et ass awer e risege Problem! Et geet net, fir einfach dann d'Klimaproblematik, oder esou ... Dat ass eng laangfristeg Saach, déi soll een och eescht huelen. Mee dofir gëtt da fräiginn, awer déi grouss ekonomesch Problemer, mat deenen eis jonk Leit konfrontéiert sinn, ginn net weider thematiséiert.

Ech wëll an deem Zesummenhang just soen, datt och an där neier Verfassung rieds geet vum Kampf géint e sougenannten „dérèglement climatique“,

woubäi ee muss wëssen, datt et keng wëssen-schaftlech oder eng aner Definition gëtt vun dem Wuert „dérèglement climatique“. Wat ass d'Règle climatique a wat ass en Dérèglement climatique? Dat ass eng Notioun, déi ass eemoleg hei zu Lëtzebuerg. Se wëllt näischt heeschen, awer et kann een herno all Méiglechcheit dermat ufänke politesch.

Konkreet ass d'Situatioun vun eiselem Land déi hei: Dëst Land huet kee finanzielle Spillraum méi, wann déi nächst Kris kënnt. 30 % Schold ass elo schonn definitiv ze vill! Mir si kleng, mir si vulnerabel, eis Ekonomie an eis Revenue sinn zu engem ganz héijen Undeel vun engem eenzege Wirtschaftszweig ofhängeg. Mir mussen aus dëser exposéierter a fragiller Situatioun eraus an eis fir d'Zukunft besser opstellen.

Och ass eng ekonomesch Reprise, déi haaptsächlech op staatlech garantéierte Scholden opbaut, wéi dat elo och massiv duerch déi Europäesch Kommissioun bedriwwen gëtt, keng zolidd Basis fir eng Ekonomie. Si bréngt mëttelfristeg Inflatioun a politesche Sträit amplaz eng konkurrenz-fäeg a leeschtungsorientéiert europäesch Ekonomie. Esou gesäit et och den FMI, dee sech géint eng institutio-naliséiert Scholdepolitik ausgeswat huet.

D'ADR fuerdert dowéinst, datt de Staatsbudget scho vun deem anere Joer u soll an d'Gläichge-wicht bruecht ginn, datt keng nei Scholde méi op-geholl ginn an d'Scholden endlech och zrëckbezuelt ginn, d'Kapital. Et ass dat, wat mir deenen nächste Generatiounen schëlleg sinn: natierlech och eng propper Ëmwelt hannerloossen - do si mer all d'accord -, awer mir däerfen och net op hir Käschte liewen! Mir hätte gär eng Scholdebremse, an an deem Sënn wéilt ech hei eng zweet Motioun depo-néieren. Wannechgelift.

■ **Une voix.** - Très bien!

#### Motion 2

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*- d'Neiverschëldung vum Staat virugeet an domat d'Gesamtscholdelaascht weider zouhëlt,*

*ass sech bewosst, datt*

*- dës Scholden iergendwann zrëckbezuelt musse ginn an, wéinst der Inflatioun, d'Zënse an der Eurozon mëttelfristeg warscheinlech nees klammen;*

*- de Staat e gewëssene finanzielle Spillraum muss behalen, fir an enger Krisesituatioun, wann néideg, kuerzfristeg kënnen nei Scholden opzehuelen,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- der Chamber am Joer 2022 fir d'Budgetsjoer 2023 een ausgeglachene Budget an der Administration centrale virzeleeën, deen op nei Scholde verzicht a Remboursement op d'Kapital vun deenen existéierende Scholde virgesäit.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

■ **M. Marc Spautz, Président de séance.** - Merci, Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Déi prekär finanziell Situatioun vum Land ass och eng vun deenen zwou wichtegen Ursaachen, firwat d'ADR dergéint ass, den Tanktourismus ofzeschaffen. Éischtens brauche mir Recetten, fir eis Scholden ofzebauen, net fir Walkaddoen ze maachen - ech soen dat elo, well geschwéi wale sinn. Zweetens hëlleft et dem Klima absolutt näischt, wann an der Belsch getankt gëtt amplaz zu Lëtzebuerg.

**(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)**

Déi Kuelendioxidsteuer ass och ekonomesch a so-zialpolitesch net ze vertrieden. Mir wëssen iwwer-gens bis haut och nach net, wat déi aner Parteien sech virstellen a puncto Entwécklung vun der Kuelendioxidsteuer iwwert déi nächst Joren, och d'CSV net, Här Roth. Dir hutt de Moie gesot, Dir bekennt lech zu där Steuer, mee och Dir sot eis net, wéi Dir gesitt, wéi déi Steuer sech iwwert déi nächst Jore soll entwéckelen. Dir bekennt lech zu de Klimaziler, zu der Kuelendioxidsteuer, mee d'CSV kéint eis och vläicht soen, wéi déi sech da soll entwéckelen an ob déi soll klammen a wéi vill all Joer.

Ech soen lech op jidde Fall, wéi vill se bei der ADR klëmmt, bis op déi zweet Plaz hannert dem Komma, d'Kuelendioxidsteuer: 0,00. Mat där Virgab, Här Roth, kënnt Dir elo och dann noleeën.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - An ech invitéieren och all déi aner Parteien, fir eis ze soen, wéi genau si sech d'Héicht vun der Kuelendioxidsteuer an deenen nächste Joren da virstellen!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Datt mir mat eise Finanzen musse méi virsiichteg sinn a ginn, huet villerlee Ursaachen, ënner anerem och déi, datt sech dat internationaalt steierlecht Ëmfeld, an deem mir eis mussen beweegen, permanent ännert. D'Betribsbesteuerung gëtt méi uniform, d'Banken an d'Versécherunge gi méi reguléiert an dat selwecht wäert warscheinlech och geschwéi fir d'Fongenindustrie gëllen.

Niewent der Reduktioun vun de Scholden ass dowéinst déi zweet Fuerderung vun der ADR, datt mir eis Ekonomie endlech vill méi proaktiv an decidéiert diversifizéieren mussen. Vill ze vill grouss ass déi eesäiteg Ofhängegkeet vun der Finanzplaz. Déi gréisste Stärkt vun eiser Ekonomie, nämlech datt mir haaptsächlech vu Servicer liewen, ass gläich-zäitg och hir gréisste Schwächt. Déi Kéier - an der Covidkris - war de Finanzsektor relativ resistent, mee wéi ass et an där nächster Kris?

Mir sollten net nëmme vun engem Sektour esou ofhängeg sinn, wéi mir et am Abléck vun der Finanzplaz sinn. Dowéinst verlaangt d'ADR eng reell a volontaristesche Reindustrialiséierung an Europa, an där Lëtzebuerg muss participéieren. D'Covidkris huet eis ons Ofhängegkeet, haaptsächlech vun Asien, drastesch illustréiert! Mir mussen déi onbe-déngt reduzéieren. Mir brauche Veraarbechtungs-industrie, cheemesch a pharmazeutesch Industrie, elektronesch an aner Spëtzenindustrien.

Natierlech hu mir näischt géint d'Secteur vum der Digitaliséierung oder vun de Weltraumressourcen, déi d'Regierung am Abléck no vir stellt, ganz am Géigendeel! Awer dat geet bei Wäitem net duer. Wa mir wëllen d'Leieren aus der Covidkris zéien, musse mir bereet sinn, eist Land ekonomesch vill méi breet opzustellen. An dat heescht och, datt eis egen Entrepreneuren hei am Land mussen exzellent Aar-bechtskonditiounen kréien, dat heescht, Terrainen a méi Flexibilitéit fir eis PMEen, eng besser Ausbil-dung, besonnesch och am Handwerk an eng zou-verlässig a méiglechst bëleg Energieversuergung, en absolute Schlëselfactor. An do sinn déi gréng déi gréisste Brems. Si hu bis haut eng industrie-feindlech Approche an och bei der Energie kann ech vläicht nach e puer Saache soen.

Mir brauchen en industriefrëndlecht Europa, wa mir wëlle kompetitiv an exportorientéiert bleiwen. Mir brauchen och oppe Mäert ouni Protektionismus. Den Här Turmes hat hei elo viru Kuerzem vun der Aféierung vun Douanestärker un de Grenze vun der EU geschwat. Déi aktuell Tendenz, fir ënnert dem Virwand vun der Klimafrëndlechkeet ëmmer nei an ëmmer méi héich Zollbarrière ronderëm déi Euro-päesch Union opzerichten, ass awer genee falsch. Lëtzebuerg brauch oppe Weltmäert an en héije konkurrenzellen Drock, fir un der Spëtzt kënnen ze bleiwen.

Protektionismus féiert zu engem Verloscht vu Kom-petititivitéit an domat iwwert d'Zäit zu Aarmut a Réckstännegkeet. Zolltariffer verdeieren déi impor-téiert Gidder zulaaschte vun de Konsumenten a féiere mat Sécherheet zu Retorsiounsmoosname vun deene viséierte Staaten, wat eis Exportcapaci-téiten dann drastesch reduzéiert. Douanestärker schueden eiser Innovationsfäegkeet. Douanestärker maachen d'Leit méi aarm. Douanestärker hunn en inflationären Effekt.

D'ADR wëllt dat alles net a stellt fest: Et spillt ee mam Feier, wann een an de Protektionismus wëllt goen! An ech fäerten, datt eis Regierung an d'Regie-rungsparteien do op deem falsche Wee sinn.

Mir brauchen aner Saache wéi nei Douanestärker. Zum Beispill brauche mir eng méi grouss Diversifi-zéierung an der Finanzplaz selwer. Och si huet hir strukturell Schwächen, wéi zum Beispill am Be-räich vun der Finanztechnologie. Dowéinst musse mir méi an dee Sektour investéieren, Startuppen ën-nerstëtzen a fir eng héichwäerteg Ausbildung am Finanzberäich suergen. Mir sollten och ganz genee kucken, wat dëser Deeg a Spuenie geschitt, e Land, dat sech am Beräich vun der Digitaliséierung wëllt ganz nei opstellen.

A mir brauchen e steierlech attraktiivt Ëmfeld, fir auslännesch Investissementer unzelackelen an dat nationaalt Kapital am Land ze behalen. Also musse mir och oppassen, datt mir weider d'Méiglechkeet hunn, an engem steierlech kompetitiven, also net ze vill harmoniséierten Ëmfeld kënnen ze operéieren. Mir brauchen e Level-Playingfield a keng Steier-harmoniséierung!

Här President, mir wësse bei der ADR ganz gutt, datt eis ëmmer nees eng Fro gestallt gëtt, wa mir fuerderen, datt Schluss mat der Scholdepolitik muss sinn. Déi Fro ass: A wou géift Dir da spueren? Wat géift Dir dann anescht maachen? Eis Äntwert ass déi, datt mir de ganze Budget géifen duerchlie-sen, duerchkucken, Linn fir Linn, fir en an Aklang mat eiser Politik an eise Prioritéiten ze bréngen. Well déi Äntwert fir Verschiedener awer net däit-lech genuch ass, wëll ech hei e puer Beispiller ginn, déi gläichzäitg Beispiller fir d'Verschwendungswut vun dëser Regierung sinn.

Bei eis am Land ginn all Joer extreem vill Sue fir d'Klimapolitik ausginn. Déi gréng haten an der Änt-wert vun der Regierung op eng parlamentaresch Fro déi Zuel 1,1 Milliard an de Raum gesat. Wéi mer haut héieren hunn, sollen an deenen nächste Joren elo 2 Milliarden ausgi ginn. Also, et ass egal, mir kommen an eng Gréisstenuerdung zwëschent 5 % an 10 % vun den Dépense vum Staatsbudget. Dat ass also ganz substanzuell, an da froe mer eis na-tierlech: Wat erreeche mer domadder?





An der Energieproduktioun ass d'Äntwert: esou gutt wéi näischt! Alternativ Energië si souwisou onzouverlësseg a mussen dowéinst duerch fossill oder nuklear Energie doubléiert ginn. Dat ass och déi wichtegst Ursaach fir d'Präisexplosioun beim Äerdgas. Déi enorm Deierecht ass en direkt Resultat vun der grénger Politik. Kuel kënn net méi a Fro. Nuklear kënn net a Fro. Jo, da bleift nëmmen de Gas an da gëtt de Gas deier.

Bei der Elektromobilitéit ass d'Äntwert änlech. Si ass deier a spillt esou gutt wéi keng Roll. Den Här Keup hat dat hei virun e puer Deeg nach ganz däitlech thematiséiert. D'Elektromobilitéit ass absolutt negligeabel an eisem nationale Fuepark: an der Gréisstenuerdnung vun 2 % plus nach e bëssen Hybrid derbäi. Mee dat ass net vill. Et ass illusoresch, datt d'Elektromobilitéit an aacht Jor soll 49 % vum Fuepark hei am Land ausmaachen, esou wéi d'Regierungsparteien dat gär hätten.

Virun allem baséiert déi Politik, d'Motivatioun fir déi Politik, op enger Ligen. Erënnert lech dach wannechgelift un déi riseg Campagne géint den Diesel, nodeem VW an anerer d'Ofgaswäerter bei hiren Autoe manipuléiert haten! Jo, dat war gefuddelt, an et soll een net fuddelen - iwwregens och net an der Politik, mee dorobber komme mer nach eng aner Kéier zréck.

Dat Gefuddels ass awer guer näischt am Vergläich mat den effrontéierte Ligen, d'Elektromobilitéit wär emissionsfrei! De Géigendeel ass wouer. Eleng schonn d'Fabrikatioun vun esou engem Auto produzéiert esouvill Kuelendioxid, datt e gewéinlechen Diesel jo schonn ekologesch 200.000 Kilometer géintiwuer engem Elektroauto ...

*(Interruption)*

... am Virdeel ass.

*(Brouhaha)*

Déi Klimapolitik, déi mir elo maachen, ass ekologesch sënnslos an ekonomesch selbstmörderesch. Mir brauche vill a bëlleg Energie fir eis Privatstéit an natierlech och fir eis Economie. Mir kënnen net aus ideologesche Grënn eis Kompetitivitéit op d'Spill setzen an domat och eise Sozialstaat. Kuckt, wat d'Konkurrenz an Asie mécht, wéi do nei Technologien ëmmer nees ausprobiéiert ginn an no vir bruecht ginn. Dat sinn innovativ Gesellschaften. Eis Konkurrente maachen dat. A mir hei, ënnert dem Afloss notamment vun deene Gréngen, liewen an enger Welt vu gëschter a verstinn d'Welt vu muer net méi!

Et geet net, datt mir eis duerch esou eng, ech géif soen, op jidde Fall ganz ideologesch Engstirnegerkeet an eng Situatioun versetzen, wou mer nozekucken hunn, wann herno aner Länner no vir kommen.

Natierlech, jo, solle mir dekarbonéieren, oder dekarboniséieren, wéi d'Leit dat da wëllen ausdrécken. Dat ass an der Rei. Mir sollen dat maachen, awer an engem Rhythmus an op eng Manéier, déi eis erlaben, kompetitiv ze bleiwen iwwert dee ganze Prozess an net déi lëtzebuergesch an déi europäesch Economie ze afferen, fir Amerikaner, Inder, Chinesen an aneren herno den Terrain ze iwwerloossen. Wat hätte mer da gewonnen? Dekarboniséierung geet och nëmmen, wa mir Ersatzenergien hunn, déi allzäit an zouverlësseg disponibel sinn.

Bei der Entwécklungshëllef géife mir eng iewescht Grenz bei 0,7 % vum Bruttonationalakommes setzen an alles maturechnen, wat no de Reegele vun der OECD kann ugerechent ginn. Domat géife mir weltwäit nach ëmmer am Spëtzepeloton leien. Mir géifen d'Addionalitéit ofschaffen an Handelsbeziungen, och mat gebonnener Hëllef, de Virzuch géintiwuer der classescher Entwécklungspolitik ginn. Well si mer dach emol éierlech: Se huet dach iwwer 60 Jor Erfahrung net vill bruecht! Net heivu beträff wär selbstverständlech déi humanitär Hëllef am Katastrophefall. D'ADR huet ëmmer gesot, datt mir am Katastrophefall ganz groosszügig wëllen hëllefen.

Eis Kontributiounen zu internationalen Organisatiounen géife mir iwwert d'Jore progressiv reduzéieren, fir si an Aklang mat eiser reeller Gréisst ze bréngen. Erënnere mir eis un deenen eise Finanzkader vun der Europäescher Unioun bis 2027, deen dës Regierung mat ausgehandelt huet. Et war fir Lëtzebuerg e katastrophaalt Verhandlungsergebnis an e ganz geféierlechen Text fir d'Zukunft vun der Europäescher Unioun. Fir Lëtzebuerg ginn eis Kontributiounen un d'Europäesch Unioun an deenen nächste Joren ëm 42,7 % an d'Luucht. Warscheinlech huet Lëtzebuerg do nees méi wéi all anert Memberland an d'Täsch gegräff.

Mir wëllen als ADR net leegnen, datt eist Land vill ekonomesch Virdeeler duerch seng Memberschaft an der EU huet. Mir hätten awer gär eng Proportionalitéit an eng Gerechtegkeet vun eise finanziellen Ustrengungen a vun eise finanzielle Kontributiounen zu deene vun deenen anere Memberstaaten.

Mir stelle fest: Nach 2014 huet d'EU eis 248 Milliounen Euro am Joer kascht. Elo leie mer geschwë bei 540 Milliounen, wäit méi wéi dat Duebelt. Dat ass

ënner Gambia verhandelt ginn, d'Responsabilitéit ass kloer.

An déi nei „facilité pour la reprise et la résilience“ Next-Generation-EU vun der EU bezuule mer iwwer e puer Jor ronn 1,4 Milliarden eran a kréie grad emol 93,5 Milliounen Euro zréck. Och esou eppes géif et mat der ADR net ginn.

D'ADR ass och géint nei Ressources propres fir d'EU, well de facto géif dat heeschen, datt europäesch Steieren zousätzlech nach zu deenen nationalen erhuewe ginn. Et ass mat der Plastiksteuer iwwregens schonn op dee Wee gaangen.

Begrënt gëtt dës enorm finanziell Kontributioun ënner anerem domat, datt d'Ambitiounen vun der EU misste virugefuert ginn trotz dem Brexit. Mir gesinn dat als ADR anescht. Wann déi zweetwichtegst Economie an der EU dës verléisst, da muss ee sech eeben duerno der Decken no strecken.

Elo si mer konfrontéiert mat enger enormer budgetärer Méibelaaschtung. Eng Regierung mat der ADR géif an der EU op jidde Fall zu deene gehéieren, déi géife ganz virsiichteg mat de Suen ëmgoen, déi d'Leit mat hire Steiere bezuelen.

Änlech Iwwerleeungen hu mir bei eise Kontributiounen fir aner international Organisatiounen, Spezialfongen an esou weider, déi dacks iwwerproportional héich sinn.

Leider huet den Här Bettel dëst Jor och eng Bereetschaft vu Lëtzebuerg fir eng Finanztransaktionssteuer op europäeschem Niveau signaliséiert. Loosst mech dowéinst hei nach emol soen, datt fir d'ADR dat nëmmen a Fro kënn, wann all wichteg Finanzplazen op der Welt do mat agebonne sinn, also datt op d'mannst net den europäeschen, mee den OECD-Niveau dofir geholl gëtt.

Och op nationalem Plang géife mir vill méi virsiichteg mat de Suen ëmgoen. Am Schoulwiese géife mir deen administrative Waasserkapp, dee vun alle kritiséiert gëtt, reduzéieren an eise Schoulsystem straffen. Nee, mir wëllen net fir all Kand eng verschidde Schoul, mee mir hätte gär eng Schoul fir méiglechst vill Kanner.

E ganz deiere Posten ass och dem Här Asselborn seng Migratiounspolitik. Déi géife mir direkt stoppen an eng Asyl- an Immigratiounspolitik privilegéieren, déi souwuel op Basis vum internationale Recht steet wéi och den Interessie vun eisem Land entsprécht. Den Asyltourismus an déi massiv illegal Immigratioun aus ekonomesche Grënn wäire mat der ADR eriwuer. Et solle bleiwen: Asyl fir Leit, déi verfollegt sinn an eng legal Immigratioun, déi eisen nationalen Interessien déngt.

Eisem Gesondheetssystem géife mir et erlaben, sech no der Covidkris méi staark opzustellen: de Spideeler nei Ausbauméiglechkeete ginn, den Dokteren an dem medezinnesche Personal attraktiv Perspektive bidden.

De Staat allgemeng wëlle mir esou opbauen, datt e sech nees méi kann op seng Käraufgabe konzentrieren, a fir déi ze erfëllen, soll de Staat och all déi néideg Mëttele kréien. Dozou gehéiert och virun allem déi extern an intern Sécherheet vum Land wéi och d'Justiz.

Allgemeng stelle mir fest, datt mir och weiderhin eng ganz rapid Croissance beim Personal vum Staat hunn: 2.300 nei Emploien d'nächst Joer. Dëst huet selbstverständlech staark budgetär Konsequenzen an dowéinst géif d'ADR déi Entwécklung och allzäit am A behalen. De Staat soll a muss qualitativ a quantitativ exzellent opgestallt sinn, fir seng Aufgaben ze erfëllen. Awer net alles ass eng Aufgab vum Staat a mir muss gutt oppassen, datt mir kee plethoreschen, omnipresenten a vläicht och eng Kéier omnipotente Staat kréien.

Mir brauchen och e neien Ulaf am Beräich vun der Reduzéierung vun der Bürokratie, en Theema, wat iwwert déi lescht Joren net méi vill diskutéiert gouf. Mir därefen net noloossen, fir géint eng iwwergrouss administrativ Belaaschtung vun de Leit a vun den Entreprene zugeen. Mir sollen nees e Land vun de kuerzen an einfache Weeër ginn. D'Progrëse bei der Digitaliséierung hëllefen do. Awer och hei muss mer oppassen, datt mer net verschidde Leit ausklameren. Wou mer Digitaliséierung aféieren, muss et och ëmmer en anere Wee gi fir Leit, déi net kënnen oder net wëllen op dee Wee goen.

En anere Punkt, bei deem mir ganz sécher géife spueren, ass alles, wat déi ideologesch Politik ugeet. Och hei vläicht séier e puer Beispiller. Mir brauche sécher eng grouss Ënnerstëtzung fir d'Kultur, mir brauchen awer kee Kulturentwécklungsplang. Dat erënnert een u vergaangen Zäiten am Oste vun eisem Kontinent.

En anert Beispill ass d'Gender-Politik, wou mer Suen erastieche fir d'Feminiséierung an d'Politiséierung vun der Sprooch. Et ass bal net ze gleewen, datt d'Regierung esou Positionen hält wéi déi hei, fir ze rechtfertegen, datt se d'Sprooch wëll änneren: « Des règles de grammaire », schreift d'Madamm Bofferding an der Äntwert op eng parlamentaresch Fro: « des règles de grammaire, comme celle de la

langue française, où “le masculin l’emporte sur le féminin”, ne sont pas innocentes dans la mesure où elles confirment au quotidien les inégalités entre les sexes et, en l’occurrence, de la domination masculine ». Do gëtt e biologesch Geschlecht bei de Mënsche verwieselt mat dem grammatesche Geschlecht, Genus a Sexus. An dat ass Regierungspolitik! Dat ass wierklech keng Reklamm fir dës Regierung, wann een déi Saache mol net ausereneenhält.

Do soll och nach d'nächst Jor eng nei sproochlech Direktiv d'Land beglécken. Ma d'ganz Land waart scho mat Freed dorobber. Dat ass wierklech e Progrës!

Den Här Bettel léisst eng Etüd maachen iwwert d'Lëtzeburger Kolonialpolitik. Déi ass ganz kleng, well mir haten ni eng Kolonie! Mir brauche keng esou eng Etüd! Et war éischer esou, datt eng Rei vun europäesche Länner geduecht hunn, mir wäiren hir Kolonie, awer mir hate keng. Esou Etüde kënnen mer eis spueren!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Mir hunn, wéi gesot, aner wichteg reell a prioritär Problemer an dësem Land, an dozou gehéiert d'Aarmut, de Risiko a fir vill Leit och déi reell Aarmut. Dat gëtt duerch déi aktuell Präisentwécklung am Logement a bei den Energiepräisser sécher net besser. Dowéinst mussen mir eis ëmmer konsequent fir eng sozial a solidaresch Politik engagéieren.

Mir hu Beräicher, wou mir als ADR bereet wäiren, méi auszegi wéi dës Regierung.

Mir géifen eis Famillje massiv ënnerstëtzen duerch d'Aféierung vum ADR-Elteregeld. Op där anerer Säit kéinte mer da bei de Crèchè spueren.

Den nodréiglechen Ausgläich vum Kannergeld weinst där laangjäregere Netindexéierung géife mer maachen.

Mir géifen de Liewensschutz stäerken. An an deem Kontext wëilt ech hei eng Motioun deponéieren, fir datt déi Organisatiounen, déi sech fir de Liewensschutz asetzen, solle méi ënnerstëtzt ginn. Wann echgelift, Här President.

**Motion 3**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*- Liewensschutzorganisatiounen, déi souwuel d'Fraen an d'Meedercher an aneren Ëmstänn wéi och dat ongebuere Liewen am Bléck hunn, kaum vum Staat ënnerstëtzt ginn;*

*- esou Liewensschutzorganisatiounen een onverzichtbare Bäitrag fir d'Gesellschaft leeschten an datt hir Hëllef fir Fraen, déi trotz finanzieller, psychologescher oder materieller Nout e Kand op d'Welt bruecht hunn oder bréngen wëllen, net héich genuch anzuschätzen ass,*

*ass sech bewosst, datt*

*- dës Organisatiounen domat eng Aufgab erfëllen, déi de Staat sollt ënnerstëtzen,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- grousszügig finanziell Hëllef fir Liewensschutzorganisatiounen am Staatsbudget ze verankeren.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- D'Aféierung vum SAMU social a Foyeren och fir Männer, déi Affer vu Gewalt sinn, e Beräich, wou et bis elo praktesch näischt gëtt. Dat sinn alles relativ kleng Zomme fir de Staatsbudget. Si hätten awer en enorme sozialen Impakt.

Et iergert eis och, datt, wéi mir an der Covidkris gefrot haten, fir de Chômage partiel op 100 % amplaz vun 80 % ze héijen, d'Regierungsparteie gesot hunn, dat wär net ze finanzéieren. Dat huet iwwregens och eng LSAP gesot. Also ausgerechent déi Sozialisten, déi sech jo ëmmer - soe si! - fir sozial Froe besonneness interesséieren an asetzen, wollten net an där Situatioun de Chômage partiel op 100 % setzen, ausser beim Mindestloun, dat stëmmt, domat ware se d'accord. Mee et wär net vill méi deier gewiescht, an et hätt esou ville Famillje wierklech gehollef!

Anescht wéi d'Sozialisten géife mir och d'Independante vill besser ofsécheren. An der Covidkris hu mir gesinn, datt dat eng absolutt Noutwendegkeet ass.

Den Hauptprojet vun dëser Legislaturperiod, niewent der Verfassungsreform, war ganz bestëmmt déi grouss Steierreform. Aus där gëtt elo mol näischt. Awer esou richteg leed doet eis dat net, well si hätt derzou gefouert, datt eng radikal Individualiséierung stattfonnt hätt, an dat wär konzeptuell politesch a vläicht och anescht zulaaschte vun de Famillje gaangen. Mir sinn net fir eng radikal Individualiséierung. Mir halen d'Familljen als Kärzell vun der Gesellschaft héich.

■ **M. Fred Keup** (ADR).- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- D'ADR mengt awer, datt et vun zentraler Wichtigkeet ass, datt, och wann et elo net zu enger grousser Steierreform kënn, e puer Reforme mussen méiglech sinn. Dovu wëilt ech der dräi nennen. Éischstens: Mir hu proposéiert, de Mindestloun steierlech ze befreien. Zweetens: déi automatesch Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun, fir déi kal Progressioun an domat permanent verstoppt Steiererhéijungen ze verhéieren.

Do wëll ech awer och dem Här Roth op seng Ried vun de Moien äntwerten, well mir haten hei als ADR viru Kuerzem an deem Sënn eng Motioun abruecht iwwert déi kal Progressioun, an d'CSV huet déi net matgestëmmt. De Moie war dat awer eng Fuerderung, ...

*(Brouhaha)*

... war dat awer eng Fuerderung vun ëm, en huet, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Här Kartheiser, erlaabt Der, datt den Här Roth lech eng Fro stellt?

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, ganz, ganz gär. Ech wëll just mäi Saz fäerdeg maachen, fir datt den Här Roth seng Fro nach kann e bëssen ausbauen.

*(Hilarité)*

Den Här Roth hat deemools gesot, d'CSV hätt dat mat esou decidéiert a si kéinte jo net hannert dat zréckgoen, wat si deemools gesot haten. Ech kann dat novollzéien. Mee haut de Moien hutt Der awer de Contraire gefrot. An elo, Här Roth, da sot eis elo, wéi Dir stitt zu der kaler Progressioun.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech si ganz frou, dass Der mer déi Fro stellt. An ech soen lech nach eng Kéier dat, wat ech bei dem État de la nation sot, well ech mengen, et war do, wou mer déi Diskussioun haten: D'CSV huet, wéi se an der Regierung nach d'Verantwortung am Finanzministère gedroen huet - an ech war Rapporteur vun deem Projet - effektiv den Artikel 125 aus dem Steiergesetz dohigoend ëmgeännert, dass et keng automatesch Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun géif ginn. Dat géif also heeschen - well elo den 1. Oktober eng Indextranche erfall wier -, dass dann automatesch d'Steiertabell och deementspriechend ugepasst géif ginn. Dat ass och an der Vergaangenheet net gemaach ginn.

An dat, wat ech gesot hunn, dat ass eng Inflatiounsberengung. Dat heescht, dass ee kuckt, wann eng oder zwou Indextranchen erfall sinn, dass een dann d'Steiertabell dohigoend ëmgestallt, fir dass een deem Rechnung dréit. Dat ass dat, wat d'CSV ëmmer vertrueden huet, d'ailleurs ënner successive Regierungen, mat der DP, mat der LSAP. An da sinn oft déi Steierlicherunge méi héich gewiescht wéi dat, wat effektiv d'Inflatioun war. Dat war de Fall 1990, 1991, ech hunn de Moien dat Beispill ginn, dat war de Fall 2001, 2002 an et war de Fall 2009, 2010. Dat ass eis Positioun. An zu där sti mer!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Fein. Gutt. Ech soen lech Merci, Här Roth, fir déi Erklärung. Trotzdem bleift Är Positioun hannert eiser Fuerderung awer däitlech zréck.

Well mir hätten, ...

*(Interruption)*

... mir hätten nämlech gär, datt et keng verstoppte Steiererhéijung gëtt. An Dir maacht aus där Upassung praktesch e Gest vun der Regierung, eeben, wann d'Regierung en da wëllt maachen. Mee et bleift ëmmer eng verstoppte Steiererhéijung fir déi Zäit, wou déi Upassung net geschitt. Dat ass eppes, wat mir wëllen aus der Welt schaffen. Gutt.

Da steierlech Moosname géint Härtefäll a flagrant Ongerechtegkeeten. Mir sinn der Meinung, datt d'Wittleit sollen an der Steierkategorie 2 bleiwe kënnen a mir si fir eng Neesaféierung vu Steuerbarëmen, déi der Zuel vun de Kanner Rechnung droen. Mir sinn allgemeng fir steierlech Erlicherunge fir Famillje mat ville Kanner a mir si fir eng steierlech Besserstellung vun elengerzéiende Leit.

Ech hunn elo emol hei nach zwou Motiounen vun der ADR, Här President, déi ech lech hei och wëll iwwerreechen.

**Motion 4**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*- Wittleit dräi Joer nom Doud vun hirem Partner zréck an d'Steierklass 1A falen,*

*ass sech bewosst, datt*

*- sech de Revenu vun de Wittleit a ville Fäll op hir Pensioun beschränkt an e méi héije Steiersaz fir si eng schwéier finanziell Zousatzbelaaschtung bedeit,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- eng Gesetzesännerung op de Wee ze bréngen, fir datt d'Wittleit zukünfteg dauerhaft an der Steuerklass 2 verbleiwen.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*





## Motion 5

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt de Risiko, an d'Aarmut ze falen, bei den eleng-  
erzéiende Famillje besonnesch héich ass;

- datt, esou wéi dat d'Zuele vum Stateg vum Joer  
2021 am „Rapport travail et cohésion sociale - Des  
inégalités de revenus inchangées malgré la crise  
Covid-19“ weisen, 38 Prozent vun den elenger-  
zéiende Familljen dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn,  
ass sech bewosst,

- datt den Aarmutsrisiko e ganz entscheidende Fak-  
tor ass, deen déi weider Entwécklung vum Kand am  
gesellschaftlechen, schouleschen a soziale Beräich  
negativ beaflosst,

- datt d'Noutwendegkeet, den elengerzéiende Famill-  
jen entgéintzekommen, e finanziellen Opwand fir de  
Staat bedeit, deen absolutt proportionéiert a ge-  
rechtfertegt ass,

fuerdert d'Regierung op,

- déi elengerzéiend Familljen direkt, an ouni eng glo-  
bal Steuerreform ofzewaarden, an d'Steierklass 2 ze  
reklasséieren;

- de Crédit d'impôt monoparental fir elengerzéiend  
Famillje bäizebehalen an op 2.500 Euro unzepassen,  
an dat ouni Konditiounen, déi un d'Pai oder Alimen-  
ter gebonne sinn.

(s.) Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här  
Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Déi eng betrëfft  
d'Wittleit an déi aner déi Elengerzéiend.

Här President, loosst mech och kloer soen, datt mir  
als ADR eng ganz Rei vu Konsequenzen aus der  
Covidkris zéien an eist Land méi widerstandsfäeg  
géint Krise wëlle maachen. Dozou gehéiert ënner  
anerem, datt mir eis national Pétrols- a Gasreser-  
ven op eisem eegenen Territoire wëlle stockéie-  
ren ...

■ **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... an och Reserve  
mat liewenswichtige Versuegungsgidder op eisem  
Territoire uleeën - et muss ee jo kënne Konse-  
quenzen aus Krisen zéien, mee déi heiten ass nach  
net laang hier -, béides an enker Zesummenaar-  
becht mam private Secteur.

Här President, der ADR läit et besonnesch um  
Häerz, déi laangfristeg Problemer unzegoen, déi  
sech an eisem Land deenen nächste Generatioune  
stellen. Dowéinst stellt sech d'Fro vun der forcéier-  
ter Wuesstumsspiral, dat heescht, datt mir am Inter-  
ressi vun deenen nächste Generatiounen endlech  
mussen d'Diskussioun ronderëm déi laangfristeg  
Ofsicherung an Organisatioun vun eisem Pen-  
sionssystem féieren.

Um Ufank vum anere Joer kréie mir nei Statistiken,  
déi mir da mussen diskutéieren. Mir freeën eis jo  
doriwwer, datt d'Liewenserwaardung an d'Luucht  
geet, mee deen Ëmstand mécht et awer nach méi  
wichtig, datt mir iwwer eis Pensiouns- a Verséche-  
rungssystemer diskutéieren.

Dës Koalitioun huet an deem Beräich eng onverant-  
wortlech Politik. De Sujet derangéiert, also gëtt ein-  
fach net driwwer geschwat.

D'ADR huet do vill méi eng verantwortungsvoll Ap-  
proche. Mir wëssen, do ass e Problem, e grouse  
Problem, also hu mir och de Courage, fir driwwer ze  
schwätzen! Mir wëllen net, datt déi Europäesch  
Kommissioun ufänkt, Lëtzebuerg seng Pensiouns-  
politik virzeschreien. Mir hate viru Kuerzem déi  
Stellungnam vun der Kommissioun, datt de Pen-  
sionssalter zu Lëtzebuerg soll op 72 Joer eropge-  
sat ginn. Also loosst eis de Problem dach endlech  
selwer an d'Hand huelen!

Fréier hunn och déi gréng Kolleegen de Problem  
nach gesinn, haut hale si Pressekonferenzen do-  
riwwer, wivill Honnerttausende Leit si nach zou-  
sätzlech an deenen nächste Jore kënnen an eis  
Dierfer pressen. Si freeë sech elo mol op 142.000  
Wunnengen an 300.000 Leit méi. Dat war d'Presse-  
konferenz vum Här Turmes virun e puer Deeg. An  
do sinn nach eng Dose Gemengen net mat derbäi.

Wann déi Terrainen an de Perimeteren da bis ver-  
baut sinn, da gëtt et bestëmmt erëm nei Iddien:  
Erweiderunge vum Perimeter an esou weider an  
esou virun. Dat huet jo keen Enn! Dat hält jo keen  
Enn! Mir mussen einfach ufänken, d'Ursachen ze  
bekämpfen.

D'ADR seet kloer: Mir packen d'Konsequenze vun  
där aktueller Politik net a mir fuerderen déi aner  
Parteien op, mat eis zesummen en Zukunfts-  
dëschen anzeberuffen - och mat der Bedeelegung  
vun de Sozialpartner, eng seriö Bedeelegung, net  
wéi déi leschten Tripartite -, op deem d'Zukunft  
vum Wuesstum a vun de Sozial- a Pensionssys-  
temer soll diskutéiert ginn. Mir mussen eis där  
ganzer Dimensioun vun der Problematik bewosst  
sinn. Enger-säits geet et ëm d'Ofsicherung vun de  
Pensiounen

heiheem, mee och ëm d'Problemer vun engem  
ëmmer méi massive Kapitaleexport doduerch, datt  
ten-  
denziell ëmmer méi e groussen Undeel vun de Pen-  
sionnen an anere Leeschtungen, och d'Assurance  
dépendance, an d'Ausland exportéiert ginn. Mir  
mussen déi Situatioun analyséieren. Wat mer méi  
laang domat waarden, ëmsou méi grouss ginn  
d'Problemer an ëmsou méi schwéier gëtt et, fir si  
ze léisen. Och heizou hu mer eng Motioun virbereet,  
Här President.

## Motion 6

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- eis Sozialversécherung, notamment eise Pen-  
sionssystem a senger aktueller Form, laangfristeg  
wäert ënner finanziellen Drock geroen,

ass sech bewosst, datt

- dës Situatioun besonnesch déi jonk Leit wäert be-  
laaschten an d'Sécherheet vun hirer Alterss-  
sicherung kéint a Fro stellen;

- eng progressiv Verschäerfung vun dësem Problem  
mëttelfristeg e Konflikt tëschen de Generatiounen  
entzünde kann;

- e Staat, dee seng Finanzen net am Grëff huet, Ge-  
for leeft, seng Souveranitéit ze verléieren,

fuerdert d'Regierung op,

- am Joer 2022 en Zukunfts-  
dëschen anzeberuffen, un  
deem d'Vertrieber vun deenen interesséierte gesell-  
schaftlechen Acteuren, inklusiv de politesche Par-  
teien an de Sozialpartner, eng Léisung fir déi laang-  
fristeg Of-  
sicherung vum Pensionssystem an de  
Sozialversécherungen ausschaffe kënnen.

(s.) Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här  
Kartheiser.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- 5/6 fir keen!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Mir hunn och den  
Androck ...Jo, et kann een eng Politik maachen, déi  
30 Joer hannendru leeft, Här Mars Di Bartolomeo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- 5/6 fir keen.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dat ass, wann e  
seng Geschicht vergësst.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... jo, Här Di  
Bartolomeo, ...

(Coups de cloche de la présidence)

... wëllt Dir, wëllt Dir hei, ...

(Interruption)

... Här Di Bartolomeo, wëllt Dir hei als Alternativ  
proposéieren, datt mir Problemer wéi d'Zukunft  
vun den nächste Generatiounen net diskutéieren, well  
Dir hei mat Slogane vu virun 30 Joer operéiert ...

(Interruption)

... a bëlleg Poleemik maacht?

(Coups de cloche de la présidence et interruption)

Bëlleg Poleemik amplat ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... amplat hei eng  
konstruktiv ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- ... Här President, ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... Diskussioun fir  
d'Zukunft.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- ... amplat ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- An ech soen  
lech, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- ... amplat mat  
Sloganen ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... an ech soen  
lech, ech hunn d'Wuert, Här Di Bartolomeo, an ech  
soen lech, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- ... amplat hei  
mat Sloganen ze operéieren, ...

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Hei, wannechge-  
lift, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- ... hunn ech eng  
Pensiounsreform gemaach.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- ... e bësse méi zivi-  
liséiert.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- An ech soen  
lech, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- 5/6 fir keen!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... wann d'ADR net  
gewiescht wier, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- 5/6 fir keen!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... da wieren am  
private Secteur haut nach vill Leit mat Hongerpen-  
sionnen ënnerwee, well Dir ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- 5/6 fir keen!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... mat Ärer LSAP-  
Politik net kapabel waart, eppes fir se ze maachen!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- 5/6 fir keen!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Et ass deene Leit  
ze verdanken, ...

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Ganz richtig!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Wannechgelift!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... déi hei op der  
Trap waren, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- 5/6 fir keen!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... déi hunn et  
fäerdegbruecht, fir Reformen anzeféieren.

■ **M. Roy Reding (ADR).**- An den Här Gibéryen krut  
d'Eër op d'Gesicht, net op d'Fassad!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Voilà! Dat dozou.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- 5/6 fir keen!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här  
Kartheiser ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Zu bëlleger Polee-  
mik, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- ... huet d'Wuert,  
Här Reding, Dir net.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... Här Di  
Bartolomeo, hu mir eng Äntwert. Här President, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Sou. Här  
Kartheiser, fuert Dir elo virun.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Dir hutt iwwerhaapt  
näischt gemaach.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Mir hunn och den  
Androck, datt vill Parteien heibannen de Pensiouns-  
fong am léifste wëlte selwer geréieren.

(Brouhaha)

Domat hätte si dann déi perfekt dirigistes-  
ch, ideolo-  
gesch Kontroll iwwert d'Investissementen an d'Pla-  
cementer, déi mat deene Sue gemaach ginn. D'ADR  
seet: Fanger ewech vum Pensiouns-  
fong! Deen ass net do, fir gréng oder lénk Politik ze  
maachen, mee fir d'Pensiounen ofzesécheren, an  
dowéinst soll e rentabel an ekonomesch vernëft-  
eg geréiert ginn.

■ **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Déi Politik  
vun deene Gréngen a Lénke féiert just dozou, datt  
d'Pensiounen manner sécher ginn.

Ee vun de Problemer bei der Wuesstumsspiral  
ass, datt d'Präisser am Logement direkt betraff  
sinn.

(Brouhaha)

D'ADR huet iwwert den Här Reding scho ganz  
vill konkret Propositionen gemaach, wéi mir op  
de Marché kënnen awierken, duerch eng méi liberal  
Approche a méi generéis Hëllef.

Iwwregens hu mer eis och gewonnert, datt eis  
gréng Kolleegin, d'Madamm Lorsché, virdrun an  
hier Ried gesot huet, den Amortissement accélé-  
ré hätt net derzou bäigedroen, datt méi Wunne-  
ge baut ginn. Selbstverständlech war dat en Instru-  
ment, wat dozou bäigedroen huet.

Haut, wou mir déi Situatioun ...

■ **M. Roy Reding (ADR).**- Substantiellement.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Substantielle-  
ment, Här Reding, do hutt Der ganz Recht.

Haut, wou mir déi Situatioun vum Logement an  
enger Budgetsdebatt solle mat enger gewësser Dis-  
tanz belichten, wëlle mir dräi makroekonomesch  
Aspekter betounen, wa mir wëllen de Problem  
vum Logement an de Grëff kréien.

Éischtens, mir mussen d'Wuesstumsspiral an de  
Grëff kréien, fir d'Demande ze reduzéieren. Dofir  
ass et och wichteg, datt mer en Zukunfts-  
dëschen kréien.

Mir brauchen och eng aner Europapolitik, fir  
d'Flucht vum Kapital an Immobilien ze reduzéieren.  
Mir brauchen um nationalen Niveau nees Investi-  
tiounen an d'Enterprisen. Mir mussen dat steierlech  
favoriséieren, fir datt d'Leit net d'Immobilien als  
eenzege sécheren Investissement ugesinn. Mir  
hunn hei am Land grouss ugespuerte Kapitalreser-  
ven a mir wëllen, datt dat Kapital kéint an eis  
Enterprisen investéiert ginn. Steierlech soll dat  
op d'mannst genee-  
sou interessant sinn a begënschtegt gi wéi Inves-  
tissementen an Immobilien.

Och eisen Entreprisé mussen mir esou wäit  
wéi méiglech entgéintkommen. Do, wou de Staat  
ëmmer nei Virschrëfte mécht, muss dat och steierlech  
kompenséiert ginn. Dat gëllt besonnesch bei  
deenen ëmmer méi strengen Ëmweltoplagen.

Här President, dat, wat d'ADR proposéiert, sinn  
also couragéiert, awer vernëfteg strukturell Reformen.  
Dofir brauch et e gewësse Courage a Wäitbléck.  
Mir constatéieren awer, datt d'Regierung e ganz  
anere Wee proposéiert, dee mir konsequent  
refuséieren, an dat ass dee vun de Steier-  
erhéijungen. Wat soll

do net alles un Erhéijunge kommen: Grondsteier,  
Autosteier, Kuelendioxydsteier, déi ëmmer méi  
héich gëtt, nei Steiere beim Logement, Lëscht-  
ten iwwer Wunnengen an esou weider an esou  
virun.

Den Här Minister Kersch wollt esouguer eng  
Coronasteier aféieren. Bon, en ass elo net méi an  
der Regierung. An ech mengen, den Här Baum ...

(Brouhaha)

■ **Une voix.**- En ass nach an der Regierung.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech gesinn ein-  
fach e bëssen no vir.

(Brouhaha)

Op jidde Fall mengen ech net, datt dat e grouse  
Succès war, léif Kolleegen vun der LSAP, well  
wann ech den Här Baum vun der DP virdrun  
héieren hunn, dann, mengen ech, huet en Ärer  
Iddi eng ganz kloer Ofso ginn a senger Ried.  
An ech ka soen, den Här Baum, ech ginn  
ëm net ëmmer Recht, net an allem, mee en  
hat eng wonnerbar Ried gehalen, wou et  
ëm d'Coronasteier gaangen ass. Dat kënnt  
och fir eis net a Fro. D'Enterprisen, déi  
méi verdéngt hunn, bezuele souwiesou  
méi Steieren. An et geet net, datt iergendeen,  
deen innovativ a couragéiert matgeholf  
huet, géint eng Kris virzegoen, och nach  
soll steierlech bestrooft ginn. D'DP huet do  
Recht a mir deelen déi Meinung an  
ënnerstëtzten dat.

■ **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jiddefalls  
ass d'ADR iwwerzeegt, datt d'Steier-  
erhéijungen d'Leit just méi aarm  
maachen. D'ADR-Politik vun de struk-  
turelle Reforme stellt d'Land awer  
besser op a mécht d'Leit dowéinst  
laangfristeg méi räich. Lëtzebuerg  
muss am internationale Vergläich  
kompetitiv a leeschungs-  
fäeg bleiwen. Méi Steiere sinn do  
definitiv dee falsche Wee.

Wa mir eist Land wëllen no vir bréngen,  
musse mir innovativ a kreativ sinn.  
Dofir wëlle mir d'Investitiounen a  
Bildung an Ausbildung stäerken.  
D'Universit-  
itéit Lëtzebuerg wëlle mir dowéinst  
ausbauen, an zwar virun allem bei der  
Mathematik, der Informatik, den  
Naturwëssenschaften, den Ingenieur-  
wëssenschaften an der Medezinn. Do,  
wou nach naturwëssenschaftlech  
Fakultéite feelen - Chemie,  
Pharmakologie an esou wieder -, sollt  
een déi ariichten.

Niewent aller Freed un der Zukunft an  
un der Innovatioun verléiere mir awer  
och aner Secteuren net aus den Aen,  
déi fir eist Land vun histo-  
rescher Wichtigkeet sinn an och  
haut nach vun zentraler Wichtigkeet  
sinn. Ech denken do un d'Bauern an  
d'Wënzer.

D'ADR wëllt haut een Aspekt besonnesch  
ervirhieen, dee ville Bauere  
Problemer mécht, an dat ass dee  
vun der deloyaler Konkurrenz, déi  
de Staat de Bauere mécht, wann en  
Terraine keeft. Déi Suen am Fonds  
de compensation ginn dofir benotzt  
a kee Bauer kann nach mam Staat  
konkurrieren, wann e wëllt  
Terraine kafen, fir säi Betrib ze  
vergréisseren. Mir gesinn eng  
progressiv Verstaatlechung vun der  
Fläch an der Landwirtschaft.

D'ADR wiert sech do dergéint an  
huet och zu deem Zweck eng  
weider Motioun preparéiert.

## Motion 7

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt de Staat als Keefer a Verpiechter  
vun Terraine ganz aktiv an d'Landwirtschaft  
agräift an hei, an den Ae vu villen  
Observateuren, eng deloyal Konkurrenz  
géintiwwer de privaten Acteure bedreift.  
Sou heescht et an engem Brëf  
vun der Landwirtschaftskummer  
un d'Regierung vum 12. November:  
«S'a-  
joute à cela que l'État et les communes,  
en raison notamment [...] des  
mesures de compensations prescrites  
en matière d'environnement,  
achètent très activement de plus en plus  
de terrains situés en zone verte,  
en partie à des prix qui avoisinent le  
double du prix du marché, ce qui a  
pour conséquence une augmentation  
non négligeable du prix de ces  
terrains, de sorte que les agriculteurs  
ne peuvent plus les acheter. Les  
propriétaires ont, en outre, tout  
intérêt à vendre leurs terrains à l'État  
au lieu d'un particulier afin de  
profiter de l'exemption de taxation  
de la plus-value. » A weider  
heescht et am Budget fir 2022,  
op der Sait 114: « La loi du 18  
juillet 2018 concernant la protection  
de la nature et des ressources  
naturelles prévoit entre autres la  
constitution d'un cadre légal plus  
précis à la compensation écologique.  
[...] Ces dépenses couvriront  
l'indemnité des sites de compensation,  
la planification de mesures,  
la réalisation des mesures, les  
mesures de gestion sur 25 ans,  
l'achat de terrains et d'éventuelles  
conventions avec des tiers (projets  
d'agriculture extensive). »,

ass sech bewosst, datt

- de Prinzip vun der Privatautonomie  
och an der Landwirtschaft zu de  
Grundlage vun eiser  
Ekonomie gehéiert;

- de Staat zu Lëtzebuerg  
traditionell de Kader fir de  
Fonctionnement vun deenen  
eenzelen ekonomesche





*Secteurs définiert an och eng Rei vu Participatiounen an Entreprises huet, awer datt hien duerch seng eege kommerziell Aktivitéiten d'Entreprises net soll behënneren,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- de Kaf vu weidere landwirtschaftlechen Terrainen duerch de Staat esou ze gestalten, datt en net zu enger Konkurrenzverzerrung zulaaschte vun de Bauerebetreiber féiere kann doduerch, datt de Staat keng steuerlech Virdeeler, sief et direkt oder indirekt, bidden dierf, wann hien als Keefer optrëtt.*

(s.) *Fernand Kartheiser.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Voilà. Villmools merci, Här President.

Och d'Handwierk kämpft mat ville Problemer. Enkpäss bei der Versuergung mat Gidder, Inflation an onmoosseg Energiepräisser dreiwén d'Produktiounskäschten an d'Luucht. Dat bréngt Onsécherheet bei der Rentabilitéit an domat bei hiren Investitiounspläng.

Här President, an deene leschte Joren hate mir dee Pech, datt mir e puermol un d'Gewalt vun der Natur erënnert goufen. Mir denken un den Tornado zu Käerjeng an zu Péiteng, un d'Iwwerschwemmungen an der Fiels an am Mëllerdall an dëst Joer op ganz ville Plazen uechtert d'Land.

**(Interruption)**

An eisen Ae wär et gutt, e Katastrophenindemniséierungsfong anzeriichten, fir genuch Sue kënnen ganz séier ze mobiliséieren an och d'Kompensatiounen vun deene Geschiedegten no objektive Kritäre ganz séier kënnen ze organiséieren. An deem Kontext misst och un eng Zesummenaarbecht mat eisen Assurancëgesellschaften geduecht ginn. Och an deem Sënn proposéieren ech lech hei eng weider Motioun.

**Motion 8**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest,*

*- datt de Lëtzebuurger Staat an deene leschte Joren, am Zesummenhang mat diversen Naturkatastrophen (Iwwerschwemmungen am Aerenzdall 2016; Iwwerschwemmungen am Mëllerdall 2018; Tornado 2019; Iwwerschwemmung vum 14. a 15. Juli 2021), op d'mannst 160 Milliounen Euro un Direkthëllef agesat huet, fir d'Konsequenze vun deenen Naturkatastrophen ofzefiedereen,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- am Sënn vun enger gréisserer Effikassitéit, Transparenz a Visibilitéit, wat d'Direkthëllef vum Staat bei Naturkatastrophen ugeet, e Kompensatiounsfong fir d'Finanzéierung vun de Schied anzeriichten, déi duerch eventuell Naturkatastrophen an deenen nächste Jore verursaacht kéinte ginn;*

*- dëse Kompensatiounsfong am Kontakt mam Versécherungssektor ze konzipéieren;*

*- transparent Reegele fir eventuell Dedommagementer festzelleën.*

(s.) *Fernand Kartheiser.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, dëse Budget ass am Defizit. E weist 19,5 Milliarde Recetten a bal 21 Milliarden Depensen op. Et feelen also bal 1,5 Milliarden Euro am Zentralstaat, déi dann nees duerch nei Scholde finanzéiert ginn. Dat ass an eisen Aen onverantwortlech, an et beweist eise Rasonement: Mir kommen net no, fir d'Konsequenze vum onkontrolléierte Wuesstum an de Grëff ze kréien!

Eng vun deene gréissten Ursache bei dëser budgetärer Entwécklung ass eeben zu engem groussen Deel déi vum wuesstumsbedéngten ultrarapide Wuesstum vum Personal bei der Fonctioun publique. Dat gëtt ënner anerem och vum Staatsrot staark kritiséiert, an et illustréiert eise Rasonement op eng beandrockend Manéier.

Et mécht eis och Suergen, datt de Staat domat dem private Sektour de Rekrutement vu sengem Nowuess nach méi schwéier mécht. An et gëtt och ëmmer méi schwéier, genuch Lëtzebuurger fir d'Fonctioun publique ze fannen a Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen. Mir hunn elo schonn an der Lëtzebuurger Fonctioun publique eng relativ héich Unzuel u Leit, déi kee Lëtzebuergesch kënnen. Dat ass eng Entwécklung, déi mir net wëllen! Mir betounen dat ganz kloer.

Dës Regierung, amplaz déi Problemer resolutt unzegoen, wëllt och nach en alljärechen Defizit beim Zentralstaat bis 2025 aplangen. E weidert Argument, fir eng nei Regierung ze wielen!

Mat der ADR gëtt et zwar keng esou wichteg Saache wéi eng Etüd iwwert d'Lëtzebuurger Kolonialgeschicht, dofir gëtt et awer bei eis och keen Defizit am Budget.

Fir d'ADR sinn déi budgetär besonnesch relevant Prioritéiten an deenen nächste Joren déi budgetär

Sanéierung, en Zukunftsdesch a konkret Schrëtt eraus aus dem onkontrolléierte Wuesstum, d'Ënnerstëtzung vun eisen Entreprises a vum Entrepreneuriat, eng besser Bildung an Ausbildung, en neien Elan am Gesondheetswiesen, d'Stärkung vun eise Familjen, méi Sécherheet am Land an e resolute Kampf géint Kriminalitéit, en Enn vun där aktueller Asyl- a Migratiounspolitik.

Doniewent bleiwe mir eiser Identitéit trei. Zum Beispill engagéiere mir eis decidéiert fir déi Lëtzebuurger Sprooch a Kultur a bedreiwen och eng volontaristesche Integratiounspolitik. Ech erënnere mech, datt d'Madamm Cahen hei eng Kéier gesot hat, an enger vun hire Rieden, si wëllt guer net, datt d'Leit sech integréieren, oder, ech weess net méi genau, wéi d'Wuertwal war, mee de Sënn war ganz kloer.

Mir hunn do eng aner Politik. D'Madamm Cahen hat och eng Kéier gesot, si wëllt keng natalistesche Politik. D'ADR wëllt eng natalistesche Politik! Et gëtt also scho weesentlech Ënnerscheed zwëschent deem, wat d'DP wëllt, an deem, wat mir wëllen.

Mir brauche fir dëst Land politesche Courage, och nei politesche Iddien, déi hei kommen, fir dëst Land besser op d'Zukunft virzebereeden. Mir als ADR hunn déi Iddien. Mir si bereet se ëmzesetzen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, Här Finanzminister, wollt ech elo soen, mee deen ass net méi do. E kennt da warscheinlech erëm.

■ **M. Max Hahn (DP).**- En ass sech e Glas Waasser sichen.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Jo, dat ass ganz legitim.

Fir d'éischt e grouse Merci an och e grouse Bravo un de Rapporteur. Ech denken, et ass awer ëmmer erëm vill Aarbecht, esou e Rapport ze maachen. Dofir e grouse Bravo fir déi Aarbecht. Do kann ech mer virstellen, dass dat e gutt Stéck Aarbecht ass.

Fir eis awer ass dëse Budget 2022 eigentlech e Budget vum politesche Stëllstand, an ech mengen, ech maachen do e Plagiat vum Gilles Roth. Deen hat dat, mengen ech, de Moien oder de Mëtten och esou gesot. Dat war awer net express, mee ech hat dat och esou virgesinn.

**(Interruption et hilarité)**

Mee mir sinn op jidde Fall do averstane mateneen.

**(Interruption)**

De politesche Stëllstand!

Fir eis setzt e keng nei Akzenter, en huet keng Ambitioun a virun allem geet en déi grouss Defien net un, mat deenen eis Gesellschaft eiser Meenung no konfrontéiert ass.

Fir eis als déi Lénk gëtt et dräi zentral politesche Erausforderungen, op déi mer ganz schnell Äntwerte brauchen an net a 5, 10 oder 15 Joer. Éischtens déi vun der sozialer Gerechtegkeet, der Bekämpfung vun der Armut, den Inegalitéiten an der sozialer Exklusivitéit, an drittens d'Erausforderung vun der Ëmweltzerstéierung, dem Verloscht vun der Biodiversitéit an natierlech dem Klimawandel.

Mir hunn eng sozial Kris, mir hunn eng Wunnengskris a mir hunn eng Ëmweltkris. Natierlech sinn dës dräi Krisen enk matenee verbonnen. Et sinn Urgenzen, déi net kënnen waarden, déi mir mussen direkt an onmittelbar ugoen, wou all verlure Woch a Mount d'Situatioun verschlémmert an irremediabel Schued verursaacht.

Dat ass fir eis den Hannergrond, virun deem mir dëse Budget liesen. An an esou engem Kontext vun Urgence kann an dierf d'Politik net ee Joer laang am Leerlauf lafen. An trotzdeem ass et genee dat, wat mir hei gesinn a wat mir hei erausliesen.

Mir brauchen net just e puer nei Citéen, fir de Logementsproblem an de Grëff ze kréien. Mir brauchen eng national Offensiv beim Bau vun effentlechen Wunnengen, en effektive Mieterschutz, eng radikal Bekämpfung vun der Spekulation an e kategoresche Paradigmewissel bei der Steierpolitik an deem Beräich. Mir brauchen net just eng punktuell Erhéijung vu sozialen Hëllef, fir den Armutsproblem an dësem Land ze léisen, mir brauche strukturell Reforme bei der Aarbechtsmaartpolitik, bei der Individualbesteuerung, beim Mindestlohn a bei deene kleng Renten!

Et wäert net duergoen, e puer Subventiounen a Primmen ze verdeelen, fir de Klimawandel opzehalen. Mir brauche kollektiv Äntwerten a grondleeënd Changementer an eiser Aart a Weis fir ze produzéieren an ze konsuméieren.

Dat ass de Grond, firwat mir mengen, dass dëse Budget net op der Héicht ass vu senger Zäit a vu

sengen Erausforderungen, déi sech eis als Gesellschaft an och eis als Politik stellen. Dës dräi Krisen enk matenee verbonnen a si fir eis och eng Klassefro.

Grouss Dealer vun de schaffenden, mee och vun den net schaffende Leit - well et huet jo net jiddwereen Accès zu enger Aarbecht, och wann en dat wëllt -, hu mat enger Situatioun ze kämpfen, déi hinne vun den ieweschte Klassen imposéiert gëtt. D'Beispill vum Logement weist dat op eng evident Manéier: Eng kleng Minoritéit vun Entrepreneuren, Promoteuren a Spekulantén diktiert d'Spillreegelen an hirem Sënn a schaaft domadder eng Situatioun um Wunnengsmaart, déi d'Mëttschichten ënner Drock setzt an déi sozial schwach Schichten carrement erstéckt.

Mir kënnen net akzeptéieren, datt déi eng ëmmer méi ofgehaange ginn an déi aner emol net méi wësen, wou se hire Räichtum sollen uleeën. An eisen Ae muss déi effentlech Hand déi Konflikter - an dat si sozial Konflikter - ugoen, fir fir en Ausgläich tëschent de Liewensrealitéiten ze suergen. Mat dësem Budget mécht d'Regierung - eiser Lektür no - dat net.

Här President, ufänke wëll ech mat der ugespaanter sozialer Situatioun an deenen dach ganz bescheidenen an zaghafte Versich vun der Regierung, deem iergendeppes entgéintzesetzen. D'Armutsindicature stagnéieren op engem ganz héijen Niveau hei zu Lëtzebuerg mat 17 % vun de Mënschen hei am Land, déi dem Armutsrisiko an der sozialer Exklusivitéit ausgesat sinn. 2020 ass den Taux zwar net weider eropgaangen, gottseidank, mee verschidden net monetär Indicateure weisen awer op eng weider Verschlechterung vun der sozialer Lag hin.

Och d'Inegalitéiten tëscht aarm a räich bleiwe weiderhin op engem histoiresch héijen Niveau, genee wéi den Taux vun de Working Poor, dat heescht, de Leit, déi trotz Aarbecht an der Armutsfal gefaange sinn.

Den Taux vun de Working Poor, dee bei ronn 12 % hei zu Lëtzebuerg läit, ass fir eis skandaléis a besonnesch bedenklech. Wann d'Aarbecht net méi virun Armut schützt, dann ass e grondleeënd Fundament vun eiser Gesellschaft a Fro gestallt.

17 % vun de Leit, déi an Armut liewen oder dem Armutsrisiko ausgesat sinn, dat si ronn 125.000 Mënschen hei am Land! 125.000 Mënschen, déi dagdeeglech struewelen an zu deene ganz vill alengereizend Mammen a Pappes gehéieren an och ganz vill Kanner a Jugendlecher, an dat an engem vun deene materiell a finanziell räichste Länner vun der Welt.

Et ass net akzeptabel, dass d'Politik sech domadder zefridde gëtt, den Armutsrisiko bei 17 % ze stabiliséieren. D'Zil muss et sinn, deen Taux esou no wéi méiglech bei 0 % ze bréngen, an dat esou schnell wéi méiglech. Dat muss eisen Usproch hei sinn!

Der Explosioun vun den Energiepräisser gëtt dann an dësem Budget och net Rechnung gedroen. Do mierkt een, wéi wäit sech dës Regierung scho vun de soziale Realitéiten am Land entfernt huet. Et puer Honnert Euro méi fir Gas a Stroum ass fir ganz vill Menagen zu Lëtzebuerg kee Klacks. Do muss een eng Reaktioun weisen. D'Erhéijung vun der Allocation de vie chère, déi virgesinn ass, kann dat net opfänken.

Mir hunn an deem Kontext scho Fuerderungen hei am Parlament gestallt a fuerderen och weider dréngend Mesurén vun der Regierung, fir deene sozial schwächste Stéit iwwert de Wanter ze hëllefen a laangfristeg der Fro vun der Energiearmut eng Prioritéit anzeraumen.

D'Reaktioun vun der Regierung op déi sozial Situatioun resuméiert sech op e puer Eenzelmesuren: nieft der Erhéijung vun der Allocation de vie chère nach d'Reindexéierung vum Kannergeld souwéi gratis lessen an de Schoukantinnen a gratis Maisons relais. Dat si fir eis awer punktuell Schëss aus der Héift, déi keng strukturell Problemer léisen an deenen et doriwwer eraus och nach un Ambitioun feelt. Notamment bei der Reindexéierung vum Kannergeld hu mer jo en eegene Gesetzesvorschlag deposéiert, deen eng Erhéijung vun 10 % virgesäit amplaz vun deenen 2,5 %, déi d'Regierung plangt.

Dofir soe mir ganz kloer: Déi sozial Mesurén vun der Regierung ginn net wäit genuch! Et gëtt een d'Gefill net lass, datt hei just e puer Bonbone verdeelt ginn, well d'Regierung et grad fir néideg hält, hire soziale Profil ze stäerken.

Ech wëll op dëser Plaz nach eng ganz kuerz Klammer opmaachen: Déi Tendenz, virun allem an der Familljepolitik, fir Geldeschungen duerch Saachleschungen ze ersetzen, verfolgegt fir eis och en Zil, an zwar dat, d'Frontalieren auszuschléissen. Déi Frontalieren, déi mat hirer Aarbecht zu eise Räichtum bäidroen an deenen hir Wichtegkeet duerch d'Pandemie nach emol méi ënnerstrach gouf, déi sollen ëmmer manner dierfen un de Benefisser deelhunn.

Fir eis ass dat wierklech ganz problematesch, well déi wäitreechend Konsequenzen huet: Konsequenzen op d'Kohäsivitéit vum Salariat, Konsequenzen op d'Entwécklung vun der Groussregioun. Mat esou Tricken déi europäesch Reegele vun der Netdiskriminéierung auszehiewele widderstreecht doriwwer eraus dem Solidaritéitsgedanken. Mir kënnen nëmmen un d'Regierung appelléieren, sech doriwwer nach emol Gedanken ze maachen.

D'CSL huet an eisen Aen dann och vollkommene Recht, wa se vun der Regierung d'Opstelle vun engem Plan de lutte contre la pauvreté et l'exclusion sociale fuerdert. Genee ewéi am Klimaberäich e Klimaplang opgestallt gouf mat sektoriellen Ziler a Mesuren, esou muss och am soziale Beräich eng prezis Strategie ausgeschafft ginn. An ech deposéieren dozou haut eng Motioun.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- O mei, nee! Pardon, et ass déi falsch.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Nee. Dat ass déi falsch.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Déi falsch Säit, entschëllegt!

**(Hilarité)**

Elo, hei hu mer et.

**(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)**

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Voilà!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Fein. Merci!

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Sou! Soss hätt ech keng Ried méi gehat.

**Motion 9**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la stagnation du taux de risque de pauvreté au Luxembourg à son niveau le plus élevé depuis 2019 ;*

*- considérant que les jeunes de moins de 25 ans et les familles monoparentales sont les plus exposés au risque de pauvreté au Luxembourg ;*

*- considérant que depuis 2016 le taux de travailleurs pauvres (Working Poor) au Luxembourg continue à figurer parmi les plus élevés des pays membres de l'Union européenne ;*

*- considérant les objectifs de développement durable de l'ONU qui visent entre autres l'élimination de la pauvreté dans toutes ces formes et partout dans le monde notamment en réduisant par 50 % d'ici 2030 le nombre de personnes qui vivent en dessous du seuil de pauvreté ;*

*- considérant l'acceptation par le Luxembourg de la disposition 4-1 de la Charte sociale européenne qui engage les signataires à reconnaître le droit des travailleurs à une rémunération suffisante pour leur assurer, ainsi qu'à leurs familles, un niveau de vie décente ;*

*- considérant le plan d'action du socle européen des droits sociaux dont l'un des trois objectifs majeurs à atteindre jusqu'en 2030 est la réduction d'au moins 15 millions du nombre de personnes en situation de risque de pauvreté ou d'exclusion sociale en Union européenne ;*

*- considérant la stratégie Europe 2020 de la Commission européenne adoptée en 2010 dans le cadre de laquelle le Luxembourg s'est engagé de diminuer de 6.000 unités le nombre de personnes en situation de risque de pauvreté ou d'exclusion sociale jusqu'en 2020 et considérant le non-respect de cet engagement (par rapport à 2010 le nombre de personnes en situation de risque de pauvreté a augmenté de 42.000 unités en 2020) ;*

*- considérant qu'une action politique concertée entre les autorités nationales et communales impliquant aussi bien les organisations de la société civile engagées contre la pauvreté et l'exclusion sociale que les citoyen(ne)s dans l'ensemble est nécessaire pour éradiquer la pauvreté et lutter contre l'exclusion sociale,*

*invite le Gouvernement à*

*élaborer un plan de lutte contre la pauvreté et l'exclusion sociale qui comporte les éléments suivants :*

*- une analyse historique de la situation actuelle au Luxembourg en termes de facteurs de pauvreté et leur évolution dans le temps ;*

*- une évaluation des mesures et instruments déjà en place pour lutter contre la pauvreté et l'exclusion sociale ;*

*- une évaluation budgétaire de ces mesures et instruments ;*

*- la fixation d'objectifs chiffrés en matière d'éradication de la pauvreté et de l'exclusion sociale ;*

*- la fixation de dates butoirs pour atteindre ces objectifs ;*

*- une réadaptation ou extension du catalogue de mesures et d'instruments politiques pour la lutte*





*contre la pauvreté et l'exclusion sociale le cas échéant ;*

*- une évaluation budgétaire de ces mesures et instruments politiques ;*

*- un budget à la hauteur des objectifs à atteindre ;*

*- une évaluation d'impact pour chaque mesure avant et après son entrée en vigueur.*

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

Béid Erausfuerderunge verdéngen a verlaangen - souwuel d'Klimakris wéi eeben och d'sozial Kris - déi selwecht politesch Opmierksamkeet, an d'Géigemoosssname mussen iwwregens, an dat ass eis fest Convictioun, enk matenee verbonne sinn. Déi Thematik vun den Energiepräisser ass dofir eng ganz gutt Illustratioun.

Esou engem Plang fir d'Aarmutsbekämpfung misst dann eng prezis Analys vun der Situatioun virausgoen, mat enger Identifikatioun vun deene verschiddenen Zilgruppen an den ënnerschiedleche Problemer, mat deene se konfrontéiert sinn. E misst natierlech an Zesummenaarbecht mat de wichtegsten Acteuren aus dem soziale Beräich ausgeschafft ginn an e kloren Timing an och kloer Mesurë beinhalten, an natierlech och mat den néidege budgetäre Ressourcen dotéiert sinn. Eng méi strateegesch Approche un de Problem kéint eng vill méi geziilt politesch Aktioun erméiglechen an och deene Betraffenen endlech eng konkreet Perspektiv bidden.

Ech kann op dëser Plaz net op déi ganz vill Baustellen am soziale Beräich agoen, mee ech wëll der awer nëmmen e puer nach kuerz ernimmen. Zu deenen Elementer, déi eiser Meenung no dréngend missten op de Leescht geholl ginn, gehéieren: eng grondleeënd Reform vun der sozialer Inklusiounspolitik an natierlech vum REVIS, eng strukturell Erhéijung vum Mindestloun, d'Aféiere vun enger staatlecher Jobgarantie fir Laangzäitchômeuren, d'Unhiewe vun der Mindestpensioun an natierlech eng Logementspolitik, déi dësen Numm verdéngt, souwéi eng Reform vun der Individualbesteuerung.

Här President, léif Kolleegen a Kolleginnen, Här Finanzminister, zu deene gréisste Versäumnisse vun dëser Koalitioun gehéiert ouni Zweifel hir Onfäegkeet, sech op eng Steierreform ze eenegen, a mir bedauern dat wierklech ganz, ganz déif. Mat deem Constat, dass mer an dësem Land e grouse Problem mat der Steiergerechtegkeet hunn, stoung mir laang als Lénk, bis virun e puer Joer, zimmlech eleng do.

Am Walkampf 2018 ware mir praktesch nach déi eenzeg Partei, déi dat stänneg thematiséiert huet. Ėmsou méi freet et eis elo, dass de Constat mëttlerweil vun ëmmer méi Deputéierten a Parteien heibanne gedeelt gëtt an och vun Experten dobaussen, déi net onbedéngt dem lénke Spektrum ugehéieren.

Fir et klipp a kloer ze soen: Déi Krokodillstréinen, dass d'Pandemie leider eng déifgräifend Steierreform onméiglech gemaach hätt, hale mir fir net immens glaubhaft. Mir versti schonn, dass een 2020 an enger Situatioun, wou een net richtig wousst, wou et géif higoen, keng esou strukturell Reforme konnt lancéieren. Dat ass fir eis eng Evidenz. Mee näischt hätt verhënnert, dass een d'Aarbechten am Hannergrond weiderlafe gelooss hätt, fir elo, wou ee schonn eng vill besser Siicht op d'Zukunft huet, kënnen Neel mat Käpp ze maachen. Donieft brauch een och net zwangsleefeg budgetäre Spillraum dofir. Eng Reform, déi virun allem op Steiergerechtegkeet ausgeriicht ass, kann duerchaus och akommesneutral konzipéiert ginn.

De Grond, firwat dat an dëser Legislaturperiod keng Steierreform méi soll kommen, gesi mir vill-méi an der Onfäegkeet vun dëser Koalitioun, sech op e gemeinsamen Nenner ze eenegen. Dat ass eis Analys. Déi ass vläicht net ganz originell, mee dës Koalitioun huet warscheinlech kee gemeinsame Gesellschaftsprojert méi. Dat heescht dann och, dass elo nach zwee Joer soll viru sech hi gewurschtelt ginn - dës Budget ass iwwregens eng gutt Illustratioun dovun - an dass d'Ongerechtegkeeten, déi jo strukturell sinn, op d'mannst bis 2025 weiderlafe gelooss ginn.

D'Multimillionäre kënnen sech dann also weider dräi Joer freeën iwwer en niddrege Spätzesteiersaz an all méiglech Exoneratioune bei de Kapitalrevenueen, déi weiderhin déi nächst dräi Joer esou wäerte weider bestoen, während bei den niddregen a mëttlere Léin all Indexupassung zu enger Steiererhéijung féiert. Dat ass e politesche Choix - dat ass och net neutral! -, fir deen dës Koalitioun bei den nächste Wale muss richtstoen.

Zumindest hätt een awer kënnen am Kader vun dësem Budget punktuell Upassunge maachen. De Gilles Roth hat dat de Moien och schonn zum Deel ugeschwat. Beim Budget d'lescht Joer war do och den Niveau un Ambitioun zumindest am Usaz ze erkennen.

Beispill: d'Monoparentallen. 40 % vun den Alengerzéiende liewen an der Aarmut oder si vum Aarmutsrisiko beträff, a mat hinnen natierlech och d'Kanner. Mir kennen dës Zuele säit Joren. Se si schockant

an ech mengen och éierlech, dass se kengem heibannen egal sinn. Dofir verstinn ech och net, firwat Der net zumindest emol de Crédit d'impôt monoparental nei ausriicht. Mir wëssen alleguer, dass en net wäit genuch gräift, well de Montant net héich genuch ass an ze vill schnell erofgeet, well d'Alimenter géigegerechent ginn. An zemools och, well grad déi en net kréien, déi en am meeschte brauchen, well Leit mat niddregem Akommes ganz oft guer keng Steierklärung maachen.

Fir esou dréngend steierlech Mesurë wéi déi heiten - ech kéint der nach e puer opzielen - brauch ee kee risege budgetäre Spillraum. An et ass net immens komplizéiert. Trotzdem fënnt een esou Mesuren an dësem Budget net erëm, well et dofir manifestement keng politesch Volontéit vun dëser Regierung gëtt.

Här President, wann ee vun Aarmut a sozialer Exklusioun schwätzt, dann ass den Elefant am Raum natierlech de Logement. Ganz vill Problemer am Land dréie sech ronderëm déi katastrophal Situatioun um Wunnengsmarché oder hänken direkt oder indirekt mat hir zesummen. D'Wunnengspräisser an d'Loyere klamme mat enger dramatescher Vitess, bei där d'Salairen an d'Pensioune scho laang net méi nokommen.

Tëschent 2009 an 2019 ass de Mindestloun ëm ronn 25 % geklommen an d'Duerchschnëttsloyeren ëm iwwer 40 %. Am selwechten Zäitraum hu sech d'Wunnengspräisser verduebelt. D'Rechnung ass schnell gemaach. Hei gi ganz Bevëlkerungsschichten, virun allem déi, déi loune mussen, carrement enteegent duerch e Phänomeen, dee si net verursaacht hunn, mee deem si schutzlos ausgesat sinn.

An dësem Budget si méi Moyenen - dat stëmmt! - fir den öffentliche Wunnengsbau virgesinn. D'Depensë vum Logementsfong solle vun 173 Milliounen dëst Joer op 327 Milliounen 2022 bal verduebelt ginn a laut Pluriannuel och an deenen nächste Joren op deem Niveau bleiwen. Mir erkennen dat un. Mir begrëissen dat natierlech, esou wéi mir et och an enger rezenter Initiativ vum Logementsminister begrëisst hunn, dass dat an déi richtig Richtung geet. Mee och eng Verduebelung wëllt net vill heeschen, wann den Ausgangspunkt ganz niddreg ass. Laut de Berechnunge vun der Regierung solle mat deene Moyenen ongeféier 800 öffentliche Wunnengen d'Joer gebaut ginn. Dat heescht, dass an deem Rhythmus den aktuelle Bedarf vun 30.000 Wunnengen, déi elo gebraucht ginn, eréischt 2060 ofgedeckt wier.

Generell gëllt: Déi zaghaft Schrëtt an déi richtig Richtung - jo! - vum Logementsminister kommen 20 Joer ze spéit. Ufank den 2000er-Jore wäere mer nach vläicht an enger Situatioun gewiescht, wou eng konsequent a kontinuéierlech Steigerung vum öffentliche Wunnengsbau hätt kënnen an Afloss hunn an hätt kënnen eppes wierklech bewierken. Elo, nodeems d'Politik dem fräie Marché joerzéngtelaang nogekuckt huet an d'Kand schonn am Pëtz läit, wäert den Impakt viraussiichtlech ganz, ganz iwwerschaubar sinn.

Ee Problem ënner villen ass, dass déi öffentliche Hand beim Bau op de Privatsecteur ugewisen ass. Dir kënnt mat deene Suen aus dem Fonds spécial och nach Bauland kafen, mee iergendwann eng Kéier musst Dir den Terrain viabiliséieren. An dat geet am Moment just mat Hëllef vu private Baufirmen, déi an der Reegel och genee déi selwecht sinn, déi de Wunnengsmarché insgesamt beherrschen. Ouni öffentliche Baugesellschaft kritt Dir de Prozentsaz vun öffentliche Wunnengen net substanzuell an d'Luucht. Och dat fuerdere mir scho säit Joren.

Mee d'Baue vun öffentliche Wunnenge geet souwiso net duer. D'Kar stécht esou déif am Dreck, dass mer just nach mat radikale Mesuren do erauskommen. A wat mer méi laang waarden, wat d'Kar ëmmer méi déif am Dreck stieche bleibt a wat mer ëmmer méi radikal Mesurë brauchen. D'Regierung muss schnellstens e Paradigmewissel bei der Besteuerung am Beräich vum Logement alauden an d'Spekulatioun wierksam ausbremsen. Am Joer 2021 geet et net méi duer, just einfach eng Reform vun der Taxe foncière unzekënnegen, déi da mat vill Chance soll ab 2024 gräifen. D'lescht Joer hate mer op d'mannst nach eng timide Baisse vum Amortissement accéléré. An dësem Budget felt souguer do jeeglech Measure.

An dann zur Situatioun vun deene Leit, déi musse lounen. Et muss ee keen Hellseeër si fir ze wëssen, dass d'Zuel vun de Locataireen an den nächste Joren nach wäert staark klammen. Dat sinn net méi just Beruffsuufänger, déi vorübergeeënd lounen, bis dass se sech eppes kënnen kafen. Dat si ganz Bevëlkerungsschichten, fir déi et scho reng mathematesch onméiglech ass, mat hirem Salaire jeemools un eng Wunneng ze kommen. An ech mengen, dat hunn ech och schonn oft hei gesot, dass déi mannst vun eis warscheinlech an esou enger Situatioun sinn. A wann dat esou wär, da géife mer vläicht ganz aner Mesuren ergräifen.

Dat si wierklech déi Leit, déi vun der Wunnengskris beträff sinn an erstéckt ginn. Ze wëssen, dass du

däi ganz Liewe muss lounen an däin disponibelt Akommes wäert mat all Loyerserhéijung reduzéiert ginn, ze wëssen, dass du dir keng Kanner kanns erlaben, well s du hinne keen Zëmmer kanns bezuelen, dat schaaft eng Perspektivlosegkeet, déi dramatesch ass. An och déi, mengen ech, kennen déi meescht vun eis net. Mir brauche ganz dréngend en effektive Mieterschutz a virun allem eng substanzuell Reduzéierung vun de Loyeren!

Joerzéngtelaang sinn d'Proprietären hei am Land beschützt a geheemelt ginn. An elo ass et endlech Zäit, eppes fir d'Locataireen ze maachen. Dir kënnt do gären eis Proposition de loi iwwerhuelen oder en eegene Vorschlag maachen. Mee, wannechgelift, maacht eppes!

Här President, e Paradigmewissel ass och am Beräich vum Ëmweltschutz batter néideg. De Verloscht vu Biodiversitéit an de Klimawandel representéieren eng existenziell Gefor fir d'Mënschheet, an d'Zäit leeft!

D'Landwirtschaft, wuelverstanen net den individuelle Bauer, mee de System, dee vum Staat mat senger Subventionspolitik gefërdert gëtt, ass den Haaptausléiser vum Verloscht vun Aarten an der Verschlechterung vum Zoustand vun eise Gewässer. D'Regierung verännert hir Politik awer net a späert d'Bauere weiderhin an enger wirtschaftlech wéi ökologesch net méi tragbarer Logik an. D'Strategie an der Landwirtschaft fir den Zäitraum 2023-2027 weist ganz däitlech, dass d'Regierung sech laanscht d'Verantwortung zitt, hire politesche Spillraum net notzt an einfach beim Status quo bleibt an do weiderfiert. D'Zil, bis 2025 20 % Biolandwirtschaft ze erreechen, wäert héchstwarscheinlech och net erreecht ginn, esou wéi et ausgesäit. Haut leie mer bei ronn 5 %.

De Klimawandel da representéiert eng existenziell Gefor fir d'Mënschheet an och do leeft d'Zäit. An d'Mënschheet deet sech immens schwéier, do-robber eng adequat an effikass Äntwert ze fannen. Firwat? Mee well d'Grondpremissen vum kapitalistesch Wirtschaftssystem, an deem mir déif dra sinn, dem Klima- an Naturschutz diametral géigen iwwerstinn. Dat kann een net oft genuch soen!

Fossill Energieträger am Buedem loossen, d'Resourced schounen, de Konsum senken a Flächen der Natur iwwerloossen, dat alles si Moosnamen, déi mat dem Konzept vun der Profit- a Wuesstumsmaximisierung net vereinbar sinn. Déi Illusioun vum grénge Kapitalismus, dee jo wëllt d'Profittstriewe vu privaten Acteuren mat dem Ëmweltschutz verbannen, ass eiser Meenung no dann och zum Scheitern verurteilt.

Wa grénge Kapitalismus tatsächlech géif fonctionéieren, missten eigentlech hei zu Lëtzebuerg d'CO<sub>2</sub>-Emissiounen am fräie Fall sinn. Dat si se awer net. Et ass éischter dovunner auszegoen, dass se weider wäerte klammen.

Wat awer dann nach eng Kéier zousätzlech Ueleg op d'Feier géisst, ass, wann de grénge Kapitalismus dann och nach déi besteeënd Inegalitéiten tëscht de Biergerinnen a Bierger verstärkt an de Gruef tëscht aarm a räich verdéift. All Initiativen am Klimaschutz, déi iwwert d'Subsiden an indirekt Steiere lafen, hëllefen deenen, déi eppes hunn a bestrofen indirekt déi, déi näischt hunn.

Mir verstinn de Rasonement vun der Regierung mat der CO<sub>2</sub>-Steier. Mir hale se awer trotzdem fir kontraproduktiv. Fir d'éischt menge mir, dass de Crédit d'impôt als sozial Offiedering ongenügend ass, ëmsou méi, wann en net lafend ugepasst gëtt. Mee dee Problem kéint ee mat e bësse guddem Willen nobesseren a behiwen.

Déi eigentlech Schwaachstell läit enzwousch anescht. Fir dass déi Steier tatsächlech eng Lenkwirkung huet, esou wéi dat u sech vun der Regierung geduecht ass, muss se jo an de Portmonni schloen. A well se beim Geréngverdenger méi an de Portmonni schléit wéi bei deem grouse Verdenger, agéiert déi potenziell Lenkwirkung vun der CO<sub>2</sub>-Steier virun allem bei deene mam niddregen Akommes, während d'Lenkwirkung bei den héijen Akommesse géint null tendéiert. D'Geréngverdenger sinn awer net déi, déi am meeschten Emissionen produzéieren a sinn och net déi, déi hir Emissionen nach vill no ënne kënnen drécken. Deene Mënschen hir Emissionen sinn aktuell net oder weëneg kompressibel.

Ëmgedréit ginn déi, déi am meeschten Emissionen produzéieren an och eigentlech déi néideg Viraussetzungen hunn, hir Emissionen effektiv a massiv ze drécken, am mannste vun der CO<sub>2</sub>-Steier ënner Drock gesat. D'Resultat ass, dass een domadder déi sozioekonomesch Inegalitéite verschäerft, ouni eng entscheidend Wirkung op d'Emissionen ze hunn, an dass een zousätzlech dozou eventuell nach staark Widerstand géint de Klimaschutz an der Bevëlkerung produzéiert. A wann Dir déi Steier net wëllt grondsätzlech a Fro stellen, dann huet se op d'mannst an den Index eran, wéi mir dat och schonn e puermol gefuerdert hunn.

Mee zrëck zu de Bugetsdepensen. Wat steet dann eigentlech am Staatsbudget a Saache Klima-

schutz? Wann ee sech de Klimafong ukuckt, da muss ee fir d'éischt emol festhalen, dass seng Avoiren iwwert d'Joren ëmmer weider geklomme sinn. 2013 waren 366 Milliounen am Fong, Ufank 2021 knapp 750 Milliounen. An anere Wieder: Während d'Bekämpfung vun der Klimakris international zu enger absolutter Prioritéit ginn ass, huet eis Regierung déi dofir virgesinne Moyene wéi an enger Spuerbéchs gesammelt. Elo, wou mer scho bal mam Réck widdert der Mauer stinn, huet se dann decidéiert, déi Suen och ze notzen an an den nächste Joren d'Avoiren dann och ofzebauen. Mol kucken, ob hir dat geléngt! Well dat alles anescht wéi sécher. Vun deenen 262 Milliounen un Ausgaben, déi de Fong viraussiichtlech soll 2022 maachen, sinn 126 Milliounen virgesi fir national Mesuren an 80 Milliounen fir international Mesuren.

Obwuel bei den nationale Mesuren nach ëmmer e groussen Deel an äusserst kritikabel Subventiounen a Primme gestach gëtt, erkenne mer awer duerchaus d'Volontéit vum Ëmweltministère, méi an d'Produktioun vun erneierbaren Energien ze investéieren, an dat ass och gutt esou. Op deem Poste sinn amplat vu 7 Milliounen fir d'nächst Joer 30 Milliounen virgesinn. Mee eng Energietransitioun wäert ee mat deene Montante relativ schwéier hikréien.

Et ass scho richtig, dass een d'Klimapolitik vun der Regierung net kann eleng op d'Ausgabe vum Klimafong reduzéieren. Et muss een natierlech all d'Investitioune vum Staat kucken, och wann do net ëmmer richtig ze erkennen ass, wat dann elo Klimapolitik ass a wat net. Do spillen eran: d'Depensë vum Klimafong, vum Ëmweltfong, vum Fonds du rail, vun Deeler vum Fonds des routes an Depensë vun deenen eenzelne Ministèren. Mir hunn agreéiert Zuelen, déi d'Regierung ouni Detail avancéiert, Zuelen, déi am PNEC genannt ginn an Zuelen, déi am Kader vun den ESG-Emprunte kommunizéiert ginn. A wann een duerno wëllt novollzéien, wat dovunner ëmgasat gouf, geschweige dann, wat déi eenzel Deeler tatsächlech un Emissionen agespuert hunn, ass dat relativ schwéier nozevollzéien an dann ass ee schnell verluer.

D'CSL weist do effektiv mam Fanger op déi richtig Plaz, well dat alles schaaft Verwirrung a mécht, dass déi einfach Biergerinnen a Bierger net méi wëssen, wat se solle vun der nationaler Klimapolitik halen. Déi eng reege sech doriwwer op, dass angeblech phenomenal Zommen an de Klimaschutz fléissen, an déi aner reege sech doriwwer op, dass alles just Greenwashing ass an dass d'Regierung näischt mécht.

Mir géifen allegueren dorunner gewannen, wa mer méi Kloerheet hätten. Et ass e kruziaalt Thema. Dofir muss een Transparenz schafen, fir den öffentlichen Debat ronderëm de Klimaschutz op eng méi objektiv an transparent Basis ze stellen.

Fir eis bleibt bei der Lektür vun dësem Budget awer kloer, dass d'Regierung den Eescht vun der Klimakris nach net genuch wouerhëlt. Fir eis bleibt och de Constat valabel, dass d'Regierung hir Verantwortung nach ëmmer net wëllt iwwerhuelen an de Kampf géint de Klimawandel nach ëmmer ze vill als individuell Responsabilitéit gesäit an net als kollektiv a politesch Aufgab.

Mir géifen eis zum Beispill wënschen, dass d'Regierung déi energieetesche Renovatioun mol endlech géif staatlech organiséieren. Der Regierung dämmert jo esou lues a lues, dass hir Politik an deem Beräich versot huet. Mee déi ugekënnegt Reforme ginn eis do net wäit genuch. Mir wäerten als déi Lénk bei dësem Thema weider um Ball bleiwen a Virschlëi maachen, déi d'Energieaspuerung mat der sozialer Fro verbannen.

Mir géifen eis och wënschen, dass net just d'Fotovoltaik bei Privathaiser subventionéiert gëtt, mee dass och de Staat op all sengen Diecher esou Anlagen installéiert an dass d'Produktioun an d'Distributioun vun der Energie iwwerhaupt zrëck un déi öffentliche Hand ginn.

Mir géifen eis zemools och wënschen, dass all d'Ministèren de Klimaschutz als eng transversal Prioritéit ugesinn, well a Saache Politikkohärenz fir de Klimaschutz ass do nach immens vill Sputt no uewen.

Här President, dass d'Regierung déi öffentliche Investitioune generell ganz héichhält, begrëisse mir natierlech voll a ganz. Onofhängeg vun der konjunktureller Situatioun muss ee jo och feststellen, dass mir do enormen Nohuelbedarf hunn.

Änlech wéi beim Klimafong sollen och bei deenen anere Fongen d'Reserven ofgebaut ginn. Och dat begrëisse mir, well de Staat ass jo kee Spuerveräin. Seng Zukunft läit a sengen Investitioune vun haut. Déi Projektione vum Depensë sinn awer aus Erfahrung ze relativéieren, well se jo generell ëmmer ze vill héich ageschat gi par rapport zu deem, wat duerno och tatsächlech realiséiert gëtt.

Feststelle muss een awer och, dass mat dësem Budget ganz weëneg transnational Investitioune getäegt ginn. Dat ass zwar net nei, et kann een et awer trotzdem bedauern. Virun allem bei de Verkéiers-





infrastrukturen ass dat e grousst Versäumnis, mee och an anere Beräicher kéint ee wichteg Synergie mat den Nopeschregioune schafen. Notamment misst Lëtzebuerg déi ugrenzend Gemengen am noen Ausland méi proaktiv ënnerstëtzen. Dorunner huet jiddwereen en Interêt, och d'Mënschen hei am Land. An dat géif déi „coquille vide“ vun der Groussregioun mol e weíneg mat Inhalt fëllen.

Här President, wann een iwwer Investitioune schwätzt, komme mir als Lénk natierlech och net derlaanscht, fir iwwert déi onsäglech a stänneg steigend Militärausgaben ze schwätzen. Och hei huet een am Budgetsentwurf jo keng wierklech Transparenz, well do schlussendlech all méiglech Ausgaben zesummegerechent ginn. Warscheinlech wäert de Militärbudget 2022 awer 450 Milliounen Euro iwwerschreiden. Als Rappel: 2014, wou déi heiten Dräierkoalitioun ugetruede war, louche mer bei ongeféier 200 Milliounen Euro.

Et ass schonn erstaunlech, wéi einfach ee kann am Staatsbudget Honnerte vu Milliounen Euro fannen, wann den néidege politesche Wëllen do ass. Säit Ufank vun der Pandemie goufen hei am Parlament militäresch Uschafunge vu ronn 1,5 Milliarden Euro votéiert. Wat eis awer am meeschte schockéiert, ass, datt et fir déi riseg Budgetausgabe keng Zilsetzung ouni Rechtfertegung gëtt an datt se in fine och nach kontraproduktiv sinn.

Mir als Lénk sinn net der Meenung, datt een d'Verteidigungsausgabe soll op null erofsetzen, dofir kenne mer d'Geschicht nëmmen allze gutt. Mee mir si fir eng Verteidigungspolitik, déi deem Numm och verdéngt: nämlech eng Politik, déi ausschliisslech op Verteidigung vum europäeschen Territoire ausgeriicht ass an deementspriedend dann och mat engem Verteidigungsbudget ausgestattet ass, deem eenzeg an eleng op dëst Zil ausgeriicht ass.

Mir leenen all Form vu militäreschem Interventionismus of, mat der Ausnam vläicht vu Blohelf-Friddensmissiounen ënnert der Autoritéit vun de Vereenten Natiounen. Des Weidere leene mir déi aktuell Oprëschtungspolitik vehement of, dat heescht, déi kontinuéierlech a rasant Steigerung vun de Militärausgaben, déi als eenzegt Resultat huet, datt aner Natiounen a Regiounen och wäerte massiv oprëschten. Méi sécher gëtt d'Welt domadder net! Verléierer si mer am Endeffekt alleguerten. Obwuel, et gëtt net just Verléierer, et gëtt och Gewënner, nämlech d'Aktionäre vun de Rëschtungskonzerner!

Déi aktuell Politik ass absurd. D'NATO erfënnt oder exaggeréiert Bedroungspotenzialer, fir hir eegen Existenz an d'Oprëschtung ze justifiéieren. A mir lafen do mat!

**(Brouhaha général)**

Och d'EU-Politik an deem Beräich ass net op Verteidigung ausgeriicht, mee op den Opbau vun Interventionscapacitéiten.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Hei, wannechgelift, e bësse méi roueg.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).** - Et geet drëms, mat Militärsätz op anere Kontinenter wirtschaftlech Interessien duerchzusetzen, wéi mer dat an der Lescht och e puermol konnten hei thematiséieren.

Ech zitéieren an deem Kontext d'Kommissiounspräsidentin von der Leyen am rezenten État de l'Union: „Man kann die am weitesten entwickelten Streitkräfte der Welt haben, doch wenn man nie bereit ist, sie einzusetzen, wozu sind sie dann gut? Was uns bisher zurückgehalten hat, sind nicht nur fehlende Kapazitäten, es fehlt auch der politische Wille.“

**(Brouhaha)**

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).** - Dat ass ... Très bien? Dat fannt Dir gutt? Dat fanne mir abso-lutt net gutt! Well dat ass keng Verteidigungs- ...

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - Mir sinn eis eens.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).** - A! An der Rei. Dann ass et gutt. Mir sinn eis jo oft net eens.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Här Kartheiser, just d'Madamm Oberweis huet d'Wuert.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).** - Et ass an der Rei. Mir sinn eis jo eens.

**(Hilarité)**

Op jidde Fall ass dat fir eis keng Verteidigungspolitik. Dat ass fir eis eng imperialistesche Militärpolitik, wat si do undeit. An dës Regierung riicht eis Arméi genee dorobber aus. Dat leene mir kategoresch of, an zu Recht, wann ee kuckt, wéi e mënschleche Misär dat an der Reegel provoziert.

Wien d'Welt wierklech wëllt méi sécher maachen, deem investéiert an Entwécklungszesummenaarbecht, an d'Bekämpfung vum Klimawandel, an den Ëmweltschutz an an d'Vereenten Natiounen an net a Spionagesatellitten an an Tankfliegeren.

Här President, ech wëll dann och nach eppes zu der Gesondheetspolitik soen. Berechtgeterweis

steet am Moment alles am Zeeche vun der Covid-pandemie. Mee dat soll eis awer net drun hënneren, och déi strukturell Froe vun der Santé ze gesinn an am An ze halen. An do gesi mir e ganze Koup vun Erausforderungen a Feelentwécklungen.

Et ass kee Geheimnis, datt déi kapitalistesche Acteuren d'Gesondheet scho méi laang als Profittgeschäft am Viséier hunn. Bis zu 20.000 Milliarde schwéier soll dat Geschäft mat der Gesondheet weltwäit laut OCDE sinn, a virum Appetitt vu privaten Acteuren ass och Lëtzebuerg net geschützt.

Gesondheetsdësch nennt sech déi pseudodemokratesch Struktur, déi jo d'Conférence nationale de santé ersat huet, an déi soll deen neie Plan de santé ausschaffen a begleeden. Am Géigesaz zu der Virgängerstruktur presidéiert hei net méi déi demokratesch legitiméiert Gesondheetsministerin d'Aarbechten, mee de facto d'AMMD, d'Associatioun vun de liberalen Dokteren. Hei gëtt da vun der AMMD a mat Hëllef vu private Consultingfirmen ...

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Madamm Oberweis, Dir musst esou lues zum Schluss kommen.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).** - Ech hat eng Motioun eraginnt.

**(Interruption)**

Da misst ech jo méi Zäit hunn.

■ **Une voix.** - Da musst Dir zur Motioun schwätzen.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).** - Ech hunn zu der Motioun geschwat.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Probéiert, fir esou lues zum Schluss ze kommen, ech mengen, dat ass dat Einfachst.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).** - An der Rei, ech gi mer Méi. Ech hat gemengt, ech kéint mol eng Kéier e bësse méi lues sinn.

Bon, elo sinn e puer Sekonne fort, gell, Här President?

■ **Une voix.** - O!

**(Hilarité)**

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*).** - Dann, bon, ech iwwersprangen dann e weíneg hei, ech kommen dann einfach zur Konklusioun.

Säit dem Fréijoer 2020 kämpfe mir mat der Covid-pandemie, déi zu Lëtzebuerg elo bal 900 Persounen d'Liewe kascht huet a bei Dausende Leit zu schlëmme gesondheetleche Problemer gefouert huet. Eist Gesondheetspersonal stoung vun Ufank un ënner grousssem Drock a vill politesch Energie huet missen an de Kampf géint de Virus gestach ginn an och vill budgetär Moeenen. Et ass eng aussergewöhnlech Situatioun, déi eis alleguerte ganz vill ofverlaangt huet.

Mee mir däerfen als Politiker an och als Biergerinnen a Bierger ni vergiessen, datt dat net déi eenzeg Erausforderung ass, mat där mir hei konfrontéiert sinn. Fir ganz vill Leit hei am Land ass Covid just eng weider Suerg, déi sech zu villen anere Suergen derbäigesellt.

De Premierminister Xavier Bettel huet a sengem État de la nation gesot, datt d'Erausforderunge ronderëm de Klimawandel, déi héich Wunnengspräisser an d'sozial Problemer ëmmer méi akut ginn. En huet och gesot, datt mer musse Léieren aus der Pandemie zéien an datt mer müssen nei Weeër goen. Mir waarden nach ëmmer op déi Léieren aus der Pandemie. Ech waarde ganz gespaant dorop!

Wou mer him nogelauschtert hunn, huet dat bal geklonge wéi eng Kopie vun eiser Analys, well dat soe mir Lénk säit Joren esou. Mee beim Premier sinn dat manifestement éischter locker Kommunikatiounsexercicer mat eidele Floskelen, well u sengen Usprech gemooss ass dës Budget 2022 ganz wäit ewech vun deem, wat mer brauchen. Dofir stëmme mir och dergéint.

Ech wëll awer net hei fortgoen, ouni trotzdem nach eng Kéier dem Rapportier Merci ze soen an och dem Minister Merci ze soen. A Bravo nach eng Kéier fir säin Engagement, och wa mir mam Contenu net ëmmer averstane sinn. Trotzdem e Bravo an alles Guddes och fir seng Zukunft.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Madamm Oberweis. An deen nächste Riedner steet scho prett. An dat ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut ass et erëm un der Zäit, fir no vir ze kucken an ze decidéieren, wéi mir als Deputéiert an als Regierung d'Joer 2022 gestalte wëllen. Och ech wëll dann als Éischt nach dem Rapportier Dan Biancalana Merci soe fir seng vill Aarbecht déi lescht Wochen a fir dësen exzellente Rapport, deen an zwee Méint d'Aarbecht vun engem ganze Regierungsjoer probéiert ze resuméieren.

An da wëll ech awer och direkt mat de positiven Aspekter ufänken.

Mir Piraten begrüßen et, datt Lëtzebuerg Masken, Schnelltester an Impfungen akaf huet an der Bevëlkerung zur Verfügung gestallt huet. Och wa mer et inakzeptabel fannen, datt Dausende Vaccinen zerstéiert goufen, well mer se virum Oflafdatum net un aner Länner weiderginn hunn, si mer awer frou, datt mer se kaf haten. Dofir wëll ech dann och nach eemol d'Leit opruffen, vun dëser wichtiger Offer vun der Impfung ze profitéieren. Well anescht, wéi en honorabele Kolleeg haut de Moien um Radio gesot huet, soe mir: D'Impfung ass d'Léisung, fir aus dëser Kris erauszekommen. Et gëtt vill Leit, déi sech esou eng Offer wënsche géifen, mee leider a Länner liewen, wou et dat net gëtt.

Des Weidere begrüße mir Piraten et als digital Partei, datt de Budget fir d'Digitalisatioun ëm 50 % par rapport zu 2020 klamme soll an och datt den Tourismussektor vun enger Hausse vu weidere 50 % ka profitéieren. Mir ginn awer ze bedenken, datt et net nëmmen op d'Suen ukënnt, mee och dorobber, wat mat dëse Sue konkret gemaach gëtt.

Mir Piraten begrüßen et iwwregens och, datt Renovatioun gradewéi de Bau vu Fotovoltaik- a Wärmeanlagen elo kënne mat den Épargne-Logementen, also mat de klassesche Bauspuerverträge finanziert ginn. Mir erhoffen eis doraus eng nei Dynamik, well an enger Zäit, wou d'Zësen esou niddreg sinn, wäert dëst d'Leit hoffentlech motivéieren, fir nei Bauspuerverträge ofzeschleissen oder, falls se schonn een hunn, fir en direkt ze notzen, fir hiert Doheim méi energiespuerend voire souguer energieproduzierend ëmzugestalten.

Schlussendlech kënne mer der Regierung dann och gratuléieren, datt se endlech op méi Demokratie setze wëllt an e Biergerrot wëllt aféiere fir Klimafroen. Mir Piraten hu schliisslech 2019 schonn eng Proposition de loi deposéiert, fir Biergerreit zu Lëtzebuerg anzeféieren, dat Ganzt nom Beispill vun eise belschen Nopere. Mee do krute mer nach gesot, dat wier Quatsch, ënner anerem och vun engem Member, deen elo am Staatsrot sëtzt an deen dann elo sécher säi Spaass hat, fir de Biergerrot zum Klima ze aviséieren.

Leider musse mer awer soen, datt dës Klima-Biergerrot vill ze spët kënnt. D'Fuerscher hunn eis op de Kilo genau ausgerechent, wat mer als Mënschen nach un CO<sub>2</sub> ausstoussen dierfen, an dat ass alles anescht wéi vill. An dëser Klimakris ass et elo Zäit fir ze handeln, elo direkt! Et bleift keng Zäit méi fir ze diskutéieren. A mir fuerdere vun dëser Regierung, datt se dës Biergerrot net notzt, fir Decisiounen, wat de Klima- a Biodiversitéitsschutz ugeet, no hannen ze verréckele mam Verweis, datt jo als Alleréischts mol nach alles a Rou mam Rot misst beschwat ginn. Mir Piraten si kloer fir basisdemokratesch Participatioun, mee d'Biergerinnen an d'Bierger dierfen hei net fir e Greenwashing benotzt ginn, wou zwar schéi geschwat, mee net gehandelt gëtt.

An domat wier ech dann elo och scho bei deene Budgetpropositiounen, déi mir Piraten net kënne matdroen.

No groussen Ukënnegungen um Niveau vum Klimaschutz a méi sozialer Gerechtegkeet fällt de Bilan dach awer méi ernüchternd aus, wéi d'Kolleege vun der Majoritéit dat haut presentéiert hunn. D'Regierung muss ophalen, fir d'éischt mat groussen Zuele ronderëm ze werfen, fir dës Zommen da spéiderhin net ze mobiliséieren. De Finanzminister huet am Oktober während senger Ried viru genau zwee Méint hei vun 100 Milliounen fir d'Iwwerschwehmungsaffäre geschwat. Dës Zomm ass awer bei Wäitem net mobiliséiert ginn - gottseidank kann ee soen. Nëmme ronn 6 Milliounen Euro un Aiden hu missen ausbezult ginn. Am Oktober dann awer nach weider vun 100 Milliounen Euro un Aiden ze schwätzen, ass e bësse Aewëscherei.

Genee déi selwecht Kritik musse mer dann och all Joer erëm um Klimafong äusseren. Jo, et si vill Suen an dësem Fong, awer nëmme weíneg gëtt dann och tatsächlech ausginn. Et sinn Honnerte vu Milliounen an deem Fong, déi net mobiliséiert goufen. Certes, d'Regierung huet mëttlerweil e Plang virgeluecht, wéi se déi wëllen iwwert déi nächst Joren ofbauen. Mee trotzdem stellen ech mer d'Fro, wéi dat konkret herno ausgesäit. Well d'Zuel x Milliounen fir Fotovoltaikanlage kléngt ganz gutt, mee d'Fro ass herno: Wien installéiert se? Wou gi se installéiert a wéi séier kënne se installéiert ginn?

A bei de Suen aus der CO<sub>2</sub>-Steier gëtt et dann en änleche Problem. Mir wëssen nach ëmmer net, wat fir Projeten dann elo konkret duerch d'Steier finanziert solle ginn, während d'Einnahmen duerch d'CO<sub>2</sub>-Steier ëm weider 30,9 % klamme sollen. Mee wouhi ginn déi Sue genau? Dëst ass net nëmmen eng Fro, déi mir eis stellen, mee och d'Cour des comptes an d'Salariatskummer. Ech mengen, d'Akzeptanz vun dëser Mesure wier vill méi héich, wann d'Leit kloer géife gesinn, wat mat deene Sue gemaach gëtt. Dofir hoffen ech, datt d'Regierung deemnächst hei nach hir Kaarten op den Dësch leeë wäert.

Déi aktuell Klimapolitik geet eiser Meenung no net wäit genuch op d'mënschlecht Verhalen an. Entweder et gëtt ee vun der Subventionunspolitik be-

lount, well een eppes Neies a Besseres keeft, oder et gëtt ee bestrooft, well een nach en alen Diesel fiert oder mat Pétrol hëtzt an dofir méi CO<sub>2</sub>-Steier bezuele muss.

Eis Piraten ass déi CO<sub>2</sub>-Steier sécherlech net on-sympathesch, mee wat an där ganzer Politik hei felt, ass eng Motivatioun fir d'Leit, op eppes ze verzichten. Mir maachen de Planéit net méi propper, wa mer mengen, datt mer mat ëmmer méi Technologien an ëmmer méi Produiten eppes géint de Klimawandel maache kéinten.

A verschiddene Beräicher wier et souguer besser, mir géifen elo verzichten amplaz op technologesch nei Errungenschaften ze waarden, déi eis dann iergendwann an der Zukunft vläicht eventuell hëllef wäerten. Mir sollte pragmatesch sinn: Wat haut net mat den aktuellen Technologien ze léisen ass, dat sollte mer fir eng Zäit si loossen, bis datt déi Technologien an deen domadder anhiergoenden Effizienzgewënn Realitéit sinn.

Mir haten dowéinst schonns virun dësen Debatten d'Iddi vun enger negativer CO<sub>2</sub>-Steier opgeworf a mir denken, datt dëst de richtige Wee wier, fir d'Biergerinnen an d'Bierger ze motivéieren, mat géint de Klimawandel ze kämpfen.

Am Géigesaz zu der aktueller CO<sub>2</sub>-Steier, déi de Verbrauch bestrooft, géif eng negativ CO<sub>2</sub>-Steier den Netverbrauch belounen. Eng Iddi wier et, datt d'Leit hire Verbrauch unhand vun Aktivitéite bei der Steuererklärung uginnt. Esou kéint de Staat ganz einfach novollzéien, wie méi respektiv manner CO<sub>2</sub> produziert huet.

Eng aner Méiglechkeet wier d'Verfuere vun engem automatesche Steierkredit, deen engem Duerchschnittsjoresverbrauch, also engem CO<sub>2</sub>-Budget entsprécht, an datt een dann d'CO<sub>2</sub>-Steier weider unhieft. Wie manner verbraucht, well en zum Beispill nëmmen eemol d'Joer oder vläicht guer net - well e sech et net leeschte kann - an d'Vakanz flitt, dee bezilt netto gesi manner Steuer wéi een, deen dräimol am Joer flitt fir de Pleséier.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - Eng Vakanze-steier. Tipttopp!

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).** - Nee, Här Kartheiser, et ass keng Vakanzesteier. Et ass eng Klimasteier. Et ass eppes, wat d'Klima rett. A jo, Dir wäert de Klimawandel oder déi Klimakatastroph warscheinlech net méi erliewen. Mee ech wäert et warscheinlech erliewen. Meng Kanner wäerten et erliewen a spéitstens meng Enkele wäerten et erliewen! An ech fannen et ganz schrecklech, wa Leit wéi Dir hei ëmmer erëm esou maacht, wéi wa mer net an enger Katastroph géife stoen, well genau dodranner si mer a mir müssen elo d'Hiewelen usetzen.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - Ech stellen ...

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).** - An Dir verpasst d'Chance.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - Jo, jo.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).** - An nee, ech ginn lech net d'Recht, fir eng Fro ze stellen.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - Nee, nee, mee ...

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*).** - Ganz gutt!

■ **Une voix.** - O Mamm!

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - Dat Eenzege, wat Dir maacht, ...

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).** - Mir Piraten proposéiere fir den Ufank e Seuil vun 8 Tonnen CO<sub>2</sub> pro Joer. Dat ass däitlech méi, wéi den IPCC virgesäit. Dat ass awer manner, wéi haut de Pro-Kapp-Verbrauch ass, deen all Biergerin a Bierger dierft verbrauchen, a jiddereen, deen ënnert dësen 8 Tonne géif bliwen, behält netto méi iwwreg.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - ... ass méi Steieren. Dat ass alles!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Här Kartheiser, ech hunn lech d'Wuert nach net ginn!

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).** - Mir Piraten proposéiere fir den Ufank e Seuil vun 8 Tonnen CO<sub>2</sub> pro Joer. Dat ass däitlech méi, wéi den IPCC virgesäit. Dat ass awer manner, wéi haut de Pro-Kapp-Verbrauch ass, deen all Biergerin a Bierger dierft verbrauchen, a jiddereen, deen ënnert dësen 8 Tonne géif bliwen, behält netto méi iwwreg.

Natierlech wier dëst eng enorm Ëmstellung fir eise Steiersystem. Mee mir mengen, datt d'Virdeeler, déi sech aus esou engem System kéinten erginn, an ugesiichts der Urgence vun der Klimakris, déi eis bevirsteet, an där mer sinn, et wäert wieren, dës Ëmstellung ze envisagéieren.

A puncto Klimawandel wëlle mer och drop opmierksam maachen, datt et net méi domat gedoen ass, just manner CO<sub>2</sub> ze verbrauchen, mee datt och muss den CO<sub>2</sub> aus der Atmosphär erausgehol ginn, dee schonn do ass. „Carbon Capture“ ass hei d'Schlësselwuert. Den CO<sub>2</sub> muss agefaangen an dann entweder stockéiert oder mat Strom, Waasser a Loft a Brennstoff ëmgewandelt ginn. Den CO<sub>2</sub> kann esou Milliounen vu Jore gelagert oder als klimaneutrale Brennstoff agesat ginn.

A mir hunn hei net vill Choix. Mir müssen et maachen, well och den IPCC seet kloer, datt mer just mat enger Reduktioun vum CO<sub>2</sub>-Ausstouss an der Reduktioun vum CO<sub>2</sub> an der Loft eis Klimaziler er-





reeche kéinten. Mir musse kucken, fir den CO<sub>2</sub>, dee mer ausstoussen, och erëm anzefänken. Dëst géif eis erméiglechen, eng wierklech zirkulär Economie opzebauen.

Mir Piraten gesi wéi den IPCC am Carbon Capture de Wee, fir d'Aerderwärmung ënner 1,5 Grad ze halen, a mir fannen, datt Lëtzebuerg hei sollt eng Schlësselroll anhuelen. Domat géife mer éischter an eis Zukunft investéieren, wéi wa mer eis Gelder an de Weltall schéissen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, aner Budgetsposten, bei deene vill Geld hätt sollen an d'Hand geholl ginn, sinn déi vum Logement an der Kannerbetreierung. Hei huet d'Regierung sech, wat hiert Budgetgesetz ugeet, awer blaméiert.

Huet de Premier bei sengem État de la nation nach dovun geschwat, datt ëffentlech Promoteuren 2022 géifen 8.200 Wunnenge bauen, huet de Wunnengsbauminister Kox du kuerz drop awer mussen an der Kommissioun zrëckrudderen an d'Aussoe vum Premier dach awer nëmme liicht verbessern, voire nuancéieren. Also et war sécher e Versprieher, anescht kann ee sech et net erklären. Well dës Unitéite sollen net gebaut ginn, wéi de Premier dat am État de la nation gesot huet, dës Unitéite sollen elo mol 2022 geplangt ginn. Also zwësche plangen a bauen, wie schonn eng Kéier mat engem Bauprojet ze dinn hat, dee weess, datt dat net vun haut op muer geet, datt do net ee mam Zauberstaf steet a seet: „Abraakadabra Simsalabim“, a scho stinn déi 8.200 Unitéiten. Esou séier geet dat net. Vun deenen 8.200 Wunnenge wäerten 2025 also déi weéngste stoen.

Wann ee bedenkt, datt mer laut Zuele vum Stateg vun 2018 un all Joer misste 5.600 bis 7.500 Wunnenge bauen, dann ass dës Regierung also nach wäit, ganz wäit ewech vun deem, wat se misst leeschten, fir d'Wunnengskris an de Grëff ze kréien.

Eng weider Blamage war dunn de Fait, datt d'Kanner elo awer net wéi ugekënnegt kënnen ab dem 1. Januar an de Schoulen an am Precoce gratis iessen. Dëst ass eng Mesure, déi d'Piraten prinzipiell géife begrëssen. Awer, an dat wëll ech ganz kloer soen, net mat deem Seuil, deen d'Regierung hei proposéiert hat. D'Regierung hat an hirem Text erkläert, datt dëst eng Mesure fir Familljen an enger prekärer Situatioun wier. Leit, déi bis zu - haalt lech un - véiermol de Mindestloun verdéngen, sinn awer net onbedéngt an enger prekärer Situatioun. Se si souguer, laut den Zuele vum Gilles Baum, déi en am RTL-Kloertext genannt huet, net méi d'Mëttelschicht. Hei muss ee sech also eens ginn: Entweder et soll eng sozial Mesure sinn, fir e puer cibléierte Familljen, déi finanziell méi schlecht gestallt sinn, ze hëllefen, oder et ass eng Géisskanpolitik; entweder - oder. Béides gläichzäiteg kann et jo bal net sinn.

Mir Piraten si generell der Meinung, datt et u soziale Mesurë bei der Regierung kloer feelt. Et feelt schlussleech nach ëmmer un enger Steuerreform, déi alengerzéiend Elteren, Wittfraen a Wittmänner entlaascht. Fir den alengerzéienden Elteren awer op d'mannst e bëssen entgéintzekommen a well d'Steuerreform sine die vertaagt ass, wëlle mir Piraten dofir dann hei awer weinstens eng Motioun deposéieren, fir de Crédit d'impôt monoparental erëm un den Index ze bannen. Här President.

#### Motion 10

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

*- D'Fondation IDEA huet an hirem Aarbechtsdokument N° 7 „Quelques réflexions sur le budget 2022 !“ eng Rëtsch Verbesserungsvirschléi fir de Budget 2022 virgestallt.*

*- Am Punkt N° 1 steet geschriwwen: « Avec le taux de risque de pauvreté le plus important dans le pays (40,3 % en 2019 selon le Stateg), les familles monoparentales sont les ménages les plus exposés à la précarité. [...] Leurs revenus sont imposés en classe 1a ce qui remet en question la reconnaissance de leur foyer comme une famille (qui elle est imposée en classe 2 dans le cas d'un mariage ou d'un partenariat) et cela contribue à aggraver des inégalités déjà existantes et notamment d'un point de vue fiscal. Introduit en 2008 puis révisé en 2017, le crédit d'impôt monoparental (CIM) visant à prendre en compte cette situation est le seul type de crédit d'impôt aux ménages à être accordé sur demande. Il est fixé à 1.500 euros si le revenu imposable ajusté (RIA) est inférieur à 35.000 euros, il s'élève à 750 euros lorsque le revenu imposable est supérieur à 105.000 euros et il décline linéairement entre ces deux seuils. De plus, dès lors que l'enfant ou les enfants bénéficient d'allocations (pension alimentaire, frais de garde, etc.) dépassant 2.208 euros annuellement, ce CIM est réduit de moitié. Dans l'attente d'une réforme fiscale qui, idéalement, supprimerait la classe d'impôt 1a et permettrait aux familles monoparentales de bénéficier de la même classe d'imposition qu'un couple marié ou pacsé (classe 2), rendre le CIM automatique comme tous les autres types de crédit d'impôts existants au Luxembourg semble être une nécessité. »*

*- D'Regierung huet net wëlles, bis déi nächst Walen déi am Koalitionsaccord festgehalte Steuerreform,*

*bei där d'Elengerzéiend entlaascht sollte ginn, duerchzeféieren.*

*Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:*

*1. der Proposition vun der Fondation IDEA Rechnung ze droen an de Steierkredit automatesch un d'Contribuabel ze attribuëieren an net méi wéi bis elo op Demande bei der Steiererklärung;*

*2. d'Reduzéierung vum Steierkredit net méi un d'Allocatiounen ze bannen, mee eenzeg an eleng un d'besteierbaart Akommes (Revenu imposable) vun den Elengerzéienden;*

*3. de Steierkredit ze reindexéieren, fir der Inflation Rechnung ze droen.*

(s.) Sven Clement.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Lëtzebuerg huet laut Sozialpanorama haut deen héchsten Aarmutrisiko zanter 2005, an dat trotz Milliardenausgaben, wat d'sozial Hëllefen ugeet. Hei muss ee sech also d'Fro stellen, wat mer falsch maachen, well eis sozial Ëmverdeelungsmechanisme schützen nach laang net jiddereen an et falen ëmmer erëm Leit duerch d'Netz. Ënner anerem weinst den héijen Energiepräisser wäerten de REVIS an de RPGH vun der Regierung ëm 2,8 % erhéicht ginn an d'Allocation de vie chère klëmmt ëm 200 Euro. Mee dat geet nach laang net duer. Fir d'alleréisch muss ee soen, datt och dës 200 Euro net mol dat ausgläichen, wat d'Leit, déi dës Hëllef kréien, säit der Laskopplung vum Index verluer hunn. Mir ginn hinnen also hei nëmmen dat, wat hinne souwisou misst zoustoen.

Zweetens wier et an eisen Ae besser, datt een déi Aiden net extra ufroe misst, mee automatesch pro Mount erhal e géif, hei och erëm a Form vun engem Steierkredit. Well et ass jo schéin, eemol am Joer eng Primm ze kréien, mee d'Leit kënnen sech awer besser organiséieren, wann dëst Akommes monatlech disponibel wier.

Drëttens komme vill ze weéneg Leit fir dës Suen a Fro. D'Allocation de vie chère kann een eréischt kréien, wann ee manner wéi 2.200 Euro verdéngt. Fir e Stot vu véier Leit si mer da bei 4.630 Euro. Eng Persoun, déi de qualifizéierte Mindestloun, de Salaire social minimum qualifié, kritt, kann also schonn net méi heivunner profitéieren, obwuel et fir si alles anescht wéi einfach ass, mat de steigende Präisser hei am Land iergendwéi nach iwwert d'Ronnen ze kommen. Mee hei huet d'LSAP jo gesot, se wäre fir eng Upassung vum Barème, an ech hoffen, datt d'LSAP sech dann hei duerchsetze weess an dës Upassung nach dës Legislaturperiod komme wäert. Duerch déi weiderhi steigend Inflation wäerte vill Stéit an der Zukunft nämlech nach op méi Hëllef an net op manner Hëllef ugewise sinn, fir hir Kafkraaft ze erhalen.

Här President, d'Reforme vun den Ausbildungen am Beräich vun der Santé sinn dréngend néideg. Do sinn d'Parteien sech heibannen alleguerten eens. Mee der Regierung hir aktuell Proposen, no där duerno Bachelor a BTS-Ausbildunge fir déi selwecht Beruffer existéieren, sinn net zillféierend. Dëse System géif nëmme fir Verwirrung suergen an d'Ausbildung vun den Infirmière méi oniwwersichtlech amplaz méi attraktiv maachen.

A grad elo brauche mer eng attraktiv Ausbildung. Hei muss mat de concernéierte Personalvertriedungen a Gewerkschaften e System ausgeschafft ginn, deen duerno un Terrain net fir méi Duerjernee suert, well onkloer ass, wéi d'Attributioun solle verdeelt ginn, an e beemol déi falsch Leit op deene richtege Plaze sëtzen oder déi richtig Leit op deene falsche Plazen.

A wann ech soen, datt hei mat de Gewerkschaften soll zesummeeschafft ginn, da mengen ech net eng Pflichtveranstaltung, bei där een zesummen um Dësch sëtzt fir ze sëtzen an d'Regierung dono awer just genee dat mécht, wat se souwisou virhat. Nee, da mengen ech e richtigen Dialog, wou een den Terrain och eescht hält, wou een net scho mat engem fäerdege Projet de loi higeet, mee vläicht just mat engem Avant-projet de loi.

Mir Piraten setzen eis a fir eng Ofschafung vum BTS-System. Mir wëllen e Bachelorstudiegang fir Infirmière an e Masterstudiegang fir Spezialisatiounen. Dat erlaabt et de Jonken a manner Jonken, sech och méi spët nach fir dës Beruffer ze entscheeden, an dës Beruffer och akadeemesch a finanziell méi interessant ze maachen.

Dëst ass an eisen Aen ee vu ville Schrëtt, dee muss geholl ginn, fir d'Fleegeberuffer erëm méi attraktiv ze maachen, an esou eis Gesondheetsversuergung ofzesécheren. Jidderee vun eis ka vun engem Moment op deen aneren op eng gutt Gesondheetsversuergung ugewise sinn. Heiansdo geet et méi séier, wéi ee mengt!

A jo, dozou gehéiert och e gudden a performante Rettungsdéngscht. Wéi onerwaart een an eng Situatioun komme kann, an där een Hëllef brauch, hunn eis dëst Joer da leider och erëm d'Iwwerschwe-

mungen am Juli gewisen. An ech wëll dofir hei d'Chance och nach eemol notzen, fir all deene Merci ze soen, déi hei hire Matmënsche gehollef hunn, fir Mënsch an Déier a wichteg Erënnerungsstécker virum Waasser, virun enger Naturkatas-troph ze retten. A mir musse leider dovun ausgoen, datt mer nach weider Naturkatastrophen zu Lëtzebuerg wäerten erliewen an datt dës méi schlëmm, warscheinlech méi schlëmm wäerte si wéi dat, wat mer am Juli erlief hunn.

(**M. Mars Di Bartolomeo** *prend la présidence.*)

De Premier sot a senger Ried zum État de la nation, datt et sech net méi ëm Joerhonnertkatastrophen handelt, mee datt dës extreem Wiederphenomeener wäerten zouhuelen. A mir Piraten ginn him Recht: Eréischt elo spiere mer d'Konsequenze vum CO<sub>2</sub>, dee virun 20 Joer an d'Loft gesat gouf. Wéi soll dat dann an 10 bis 20 Joer ausgesi mat deem, wat aktuell un CO<sub>2</sub> produzéiert gëtt?

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Richtig!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Wa mer eis elo net um Rimm rappen, wat de Klimaschutz ugeet, wäerte mir an eis Kanner méi wéi eng sougenannte Joerhonnertkatastroph bis 2100 erliewen. Mir mussen eis op méi esou Krisen astellen. Dat huet de Marc Goergen och schonn am Oktober erkläert, wéi et eng éischte Kéier hei am héijen Haus ëm d'Iwwerschwemmung gaangen ass. Mir mussen eis op weider Iwwerschwemmung virbereeden. An dofir musse bei den nächste Budgeten och méi Sue fir den Noutfall als Reserv ageplangt ginn. De Büro vun de Vereenten Natiounen fir Ëmweltkatastrophen, den UNISDR, huet ausgerechent, datt Ëmweltkatastrophen eis weltwäit schonn iwwer 2,2 Milliarden Euro kascht hunn. De Schued huet sech an deene leschten 20 Joer quasi verdräifacht.

Mir Piraten proposéieren dofir - a mir sinn net aleng domadder -, e Fong op d'Been ze stellen, an deen all Joer Suen abezuelt ginn, a mat deenen net nëmme soll den Affer séier gehollef ginn, wann d'Waasser erëm d'Iwwerhand gewënnt, mee och d'Preventionsmoossname solle bezuelt ginn. An dëst ass eng Fuerderung, déi och vun der Cour des comptes an hirem Rapport opgeworf gouf. Do, wou et geet, sollen Dächer gebaut ginn, weider Réckhaltebecken an och Renaturéierungen finanziert ginn. Nëmmen esou ka Lëtzebuerg sech fir déi nächst Iwwerschwemmung prett maachen. An an dësem Sënn wëll ech dann eng weider Motioun hei deposéieren, déi d'Erstellung vun engem sougenannte Fonds des calamités zu Lëtzebuerg virgesäit.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President.

#### Motion 11

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

*- D'Fondatioun IDEA huet an hirem Aarbechtsdokument N° 7 „Quelques réflexions sur le budget 2022 !“ eng Rëtsch Verbesserungsvirschléi fir de Budget 2022 virgestallt.*

*- Am Punkt N° 8 plädéiert d'Fondatioun fir d'Schaffung vun engem „Fonds des calamités au Luxembourg“: « Celui-ci permettrait de garantir des réserves mobilisables rapidement en cas d'événements climatiques graves. Dans son objet, il pourrait s'inspirer du Fonds belge des calamités, qui prévoit une aide à la réparation aux sinistrés. Le but de ce dernier n'est pas "de remplacer ou de compléter les indemnités octroyées par les compagnies d'assurance" mais plutôt "de permettre aux sinistrés de retrouver une vie normale et de recouvrer des biens de première nécessité." »*

*- Och d'Cour des comptes recommandéiert an hirem Budgetsavis 2022 d'Opstelle vun engem Spezialfong fir Naturkatastrophen: « La Cour encourage le Gouvernement à considérer la création d'un fonds spécial dédié au financement des dommages occasionnés par les catastrophes naturelles susceptible de renforcer la capacité d'absorption de notre économie face à des événements liés au changement climatique. Il s'agit également de mobiliser des fonds permettant de soutenir les victimes rapidement sans pour autant trop impacter le budget étatique. La création de ce fonds de soutien aux victimes de la crise climatique aurait en outre l'avantage de rendre les coûts liés au changement climatique plus transparents et de simplifier le suivi et l'évaluation de ces dépenses. »*

*Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,*

*1. den Observatiounen vun der Cour des comptes an der Fondatioun IDEA Rechnung ze droen an e Spezialfong fir Naturkatastrophen opzebauen.*

(s.) Sven Clement.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci villmools!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Gläichzäiteg wëll ech och eng weider Motioun virleeën, fir verschidde Fongen, déi scho säit Joren net méi gebraucht ginn, endlech opzeléisen, och als Konsequenz vum Rapport vun der Cour des comptes.

#### Motion 12

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

*- D'Cour des comptes huet an hirem Budgetsavis 2022 follgend Observatioun gemaach: « Vu le nombre croissant de fonds spéciaux et vu les faibles dépenses annuelles de certains fonds, la Cour est d'avis que le bien-fondé de certains fonds spéciaux doit être revu et que le nombre de fonds spéciaux doit être réduit en inscrivant les dépenses dans un article budgétaire du budget de l'État. Ceci concerne notamment le Fonds de la pêche, le Fonds des eaux frontalières, le Fonds spécial d'indemnisation des dégâts causés par le gibier, le Fonds social culturel et le Fonds d'assainissement en matière de surendettement. »*

*Aus dësem Grond invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:*

*1. der Observatioun vun der Cour Rechnung ze droen an déi uewe genannte Fongen ofzeschaffen.*

(s.) Sven Clement.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll dann nach eemol op en Thema ze schwätze kommen, wat ech virdru just kuerz ugeschnidden hat: d'Logementskris.

De Budget fir de Logement gëtt weider erhéicht, läit awer weider hanner eisen Erwaardungen zrëck. Fir de Logement sinn 2022 255 Milliounen virgesinn, bei Matériels ferroviaires sinn et der 610. Dat beweist, datt eis Regierung wuel Sue kann op den Dësch leeën, wann et ëm fir si prioritär Projekte geet. Mir géifen eis hei dann awer wënschen, datt net nëmmen d'Mobilitéit, mee och de Logement endlech als Prioritéit vu Blo-Rout-Grëng géif ugesi ginn.

De Staat wäert 2022 nach erëm eemol 9,7 % méi un Droits d'enregistrement anhuele wéi d'lescht Joer a wéi dëst Joer. De Grond heifir ass kloer: Duerch steigend Wunnengspräisser gëtt och den Akt ëmmer méi deier! Den Enregistrement derbäi gëtt ëmmer méi deier. A mir Piraten fuerderen dofir ganz kloer, datt de bëllegen Akt dréngend muss gehéicht ginn, fir Primo-acquereuren ze schützen. Et kann net sinn, datt de Staat um Réck vun dësen duerch Immobilienpekulatioun nach de Budget sanéiert! D'Politik muss insgesamt hei méi couragéis ginn, wat de Kampf géint d'Logementskris ugeet. Nëmmen esou kënnen mer eise Kanner hei am Land déi nammlechst Chancé ginn, wéi eis Eltere se haten.

Mir Piraten waarden dann hei ganz gespaant op d'Propose vun der Regierung, wat eng Grondsteuer an eng Spekulationssteuer ugeet. Mir hunn eis Gesetzespropos fir eng Grondsteuer jo schonns age-reecht an hoffen elo op e konstruktiven Debat tëscht eiser Regierung an där vun der Regierung, wa se da virläit.

D'Politik zu Lëtzebuerg dierf keen op der Streck loossen. Dat gëllt fir de Logement, dat gëllt awer och fir d'digital Inklusioun.

Wéi scho ganz am Ufank gesot, begrëisse mir, datt de Budget fir digital Projekte weider klëmmt. Et bleift awer nach vill ze maachen. Fir all d'Bierger mat an d'Boot ze huelen, mussen mer eise System esou opstellen, datt d'Leit net wëlle matzéien, mee matgezu ginn. Datt jidderee gehollef kritt! Datt keen ausgeschloss gëtt!

Nëmmen een Drëttel vun de Leit, Awunner gradewéi Frontalieren, notzen zum Beispill haut myguichet.lu. Hei bleift also nach e gudde Sputt no uewen, virun allem wann ee bedenkt, datt gläichzäiteg, wou een Drëttel myguichet.lu benotzen, 70 % awer On-linebanking benotzen.

Mir hunn, wéi d'EU-konform Covidzertifikater lancéiert goufen, eng Well vu Leit gehat, déi net woussten, wéi se elo un dëse Certificat géife kommen. D'Biergerinnen an d'Bierger kruten eng Kopie heemgeschéckt. Mee wa se kee Printer doheim hunn, dann ass et bei där enger Kopie bliwwen. A mir wëssen, datt ëmmer méi Leit hautdesdaags just nach iwwer Smartphone online sinn oder iwwer Smartphone digital Servicer benotzen an net méi de klassesche Computer op engem Büro mat Auszieh-tastatur stoen hunn, wou dann och nach de Printer niewendrusteet.

Wann een also dëse Certificat op Pabeier verléiert, ass een eventuell domm drun, wann een dann net och nach iergendwéi un eng nei Kopie kënn. Natierlech, mir begrëissen, datt d'myguichet-App dat huet an datt ee se do kann eroflueden. Ech bedauern nach ëmmer, datt mer et net fäerdegruecht hunn, an eis CovidCheck-App eng Walletfunctioun anzebauen. Ech mengen, datt dat méi einfach gewiescht wär, wéi de Leit ze soen, datt se nach eng App sollten eroflueden. Ech mengen, datt och do d'Kommunikatioun vun der Regierung net fonctionéiert huet. A virun allem verstinn ech net, datt mer déi nammlechst Sue fir verschidde Projekte beim Staat ausginn, wann een och Saache kéint integréiert ubidden.

■ **Une voix.**- Très bien!





■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Mee well et Leit gëtt, déi net eens ginn, déi net wëllen eens ginn, déi net kënnen eens ginn oder déi tout court d'Moyenen net hunn, fir sech ze connectéieren, mäin Appell u jiddereen dobaussen: Wann Der esou eng Persoun kennt, hëlleft hir! Hëlleft hinnen, hire Covidzertifikat an hir Wallet ze kréien! Hëlleft hinnen dobäi, hire Covidzertifikat erauszeprenten! Hëlleft hinnen dobäi, digital Demarchen ze maachen! Well nëmme wa mer zesummen a Richtung vun engem digitaliséierte Staat ginn, kann dat Ganzt och richteg fonctionéieren. Et ass dofir un eis all zesummen, fir an d'Zukunft ze blécken.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ier ech zum Schluss kommen, wëll ech nach op e weidert Theema ze schwätze kommen, warscheinlech d'Liblingtheema vun eisem Finanzminister: d'Finanzplaz.

Lëtzebuerg gëtt ëmmer als Virreider presentéiert, wat d'gréng Finanzen ugeet. De grénge Wäibierg um Budget war jo nëmmen ee Beispill derfir. Mee leider handelt et sech hei, esou wéi dee grénge Wues an der Formel 1, ëm Greenwashing, wou eppes, wat bal ofgestuerwen ass, nach gréng ugemoolt gëtt.

Greenpeace Lëtzebuerg an d'Schwäiz hu fir Lëtzebuerg schonn iwwerpréift: Eis Finanzplaz schaaft net genuch Incentives, fir wierklech a gréng Energien an a gréng sozial Projeten ze investéieren. Si hunn eis Finanzplaz iwwerpréift a festgestallt, datt d'Fongemanager kaum Gelder a gréng Fonge steieren an datt nëmmen de Finanzement an déi ganz kontroverste Firmen, wéi zum Beispill Uelegproduzenten, déi scho fir Uelegpeschte responsabel waren, reduzéiert gouf. Dat ass natierlech schonn net schlecht. E bëssen ass besser wéi näischt! Mee just déi ganz schwartz Schof erauszefëschen an op Ëmweltkatastrophen ze verzichten, mécht awer nach keng wierklech ökologesch Finanzpolitik aus!

Greenpeace plädéiert aus dësem Grond derfir, datt d'Transparenz ganz dréngend muss an d'Luucht gesat gi bei eise Fongen, soudatt de Client an, jo, och d'Fongemanager besser verstinn, a wat déi eenzel Firma wierklech investéieren. Well nëmmen esou kënne mer Greenwashingsskandalen wéi deen, deen elo an Däitschland bei DWS festgestallt gouf, verhënnere. Esou Skandalen kaschten eis eréischt nei agefouert Labelen elo schonns hir Kredibilitéit a reduzéieren doduerch staark d'Vertrauen an hir Effektivitéit.

Jee manner transparent dës Labelen a Fonge sinn, desto manner Leit wäerten hir Suen an esou Fongen investéieren, well se eeben net dru gleewen, datt se domat wierklech eppes fir de Schutz vun eisem Planéit maachen.

Do hëllefen dann och der Regierung hir 0,01 % Taxe d'abonnement op - ënner Gänseféisercher - „gréng“ Fongen näischt méi, déi mam leschte Budgetgesetz agefouert goufen. Datt Fonge schonn als „gréng“ - erëm ënner Anführungszeichen - agestuuft kënne ginn, soubal se zu 50 % aus grénge Produite bestinn, ass an eisen Aen näischt anescht wéi Greenwashing. Ech hat et schonns d'lescht Joer hei gesot an ech widerhuelen et hei erëm: Dat si keng gréng Finanzen, dat ass just Greenwashing an och alt nees e Steierschlupfplan fir déi Räich a soss näischt!

Zum Schluss muss een de schéinen Zuele vun der Regierung vu klammende grénge Fongen an engem klammende PIB dann och nach eis klammend Staatsschold entgéintsetzen, och wa sech dës an dësem Moment nach a Grenzen hält. Ëmmerhi si mer nach wäit vun de 60 %, mir si souguer nach e gutt Stéck vun den 30 %, déi d'Regierung sech selwer gesat huet, ewech.

Esou sinn d'Piraten - an och dat ass e bëssen e mofe Fuedem, deen ech allkéiers, all Joer hei erëm widerhuelen - der Meenung, datt et wierklech Zäit géif ginn, sech d'Fro ze stellen, wéi mer dës Schold laangfristeg begleeden. Jo, am Moment ass et interessant, eis Staatsschold mat Staatsschold ze refinanzéieren, well mer negativ Zënse kréien. Ech schwätze bewosst vu refinanzéieren; ech schwätzen net dovunner, nei Scholden opzehuelen. Dat Interessantst wär u sech, eis ganz Staatsschold ze refinanzéieren an domadder keng Zënse belaaschtung fir déi nächst Joren ze hunn. Dat ass natierlech bei Papiers à terme net onbedéngt méiglech. Mee et gëtt Zäit, fir net nëmmen driwwer nozedenken, wéi d'Staatsschold par rapport zum PIB gemanaged gëtt, mee och d'Staatsschold en volume tout court.

Mir müssen, well mer net wëssen, wéi laang dës sanitär Kris nach undauert an ob déi nächst Krisen eis net eventuell erwaarden, virsiichteg bleiwen. Dofir muss mer mëttelfristeg e Plang opstellen, fir aus der Scholdespiral erauszekommen. An dat geet net, wa mer all Joer ëmmer weider iwwer eise Limmittlee wien.

An ech hunn et interessant fonnt haut, wéi de Finanzminister eis säi Graphique gewisen huet, datt an där éischter Period vun dëser Regierung nëmmen 0,1 % Staatsverscholdung bäikoum. Et war e

bëssen irreféierend ... Also, intellektuell ginn ech him absolutt Recht, en huet dat och schéi propper, transparent duergeluecht, datt dat par rapport zum PIB wär. Mee ech muss awer soen, mir hunn déi Diskussioun all Joer hei erëm gehat, Här Gramegna, ech sinn nach ëmmer der Meenung, datt een do besser hätt, och déi absolutt Zuelen ze kommunizéieren an net nëmmen ze soe „par rapport zum PIB“. Mir haten d'Chance déi Joren, datt de PIB gutt gewuess ass an doduerch eis Staatsverscholdung par rapport zum PIB eeben net esou séier gewuess ass.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen zum Schluss.

Dëse Budget hätt kënne genotzt ginn, fir strukturell Verännerungen unzegräfen. Mee dës Chance gouf, wéi och all déi lescht Jore schonns, alt nees eng kéier verpasst. Mir wëssen, datt och dëse Budget erëm ënner ganz spezielle Konditiounen entstanden ass. Jo, d'Welt huet nach ëmmer mam Coronavirus ze kämpfen, an dat ass en unhalenden Ausnahmezustand. An dat ass net einfach.

Mee grad virun dësem Hannergrond hätte mer eis dofir gewënscht, datt d'sozial Gerechtegkeeten hei am Land nach méi ambitionéiert ugaange gi wieren, datt de Logement als gradesou eng Prioritéit fir d'Politik ugesi gi wier wéi aner Infrastrukturprojeten an datt mer méi fir eist Klima gemaach hätten, wéi mer hei maachen.

Well och wa mer d'Gesetzesupassungen ënnerstëtzen, datt een elo soll eng energeetesche Renovatioun a seng Fotovoltaik- a Wärmepannoe mam Bauspuervertrag finanzéiere kënnen, esou geet eis dat nach laang net duer. Souguer eng CO<sub>2</sub>-Steier, déi sécher wichteg ass an déi mir och säit Laangem fuerderen an och matdroen, ass mëttlerweil ze kuerz gegräff, fir d'Defie vun der Klimakris elo nach aktiv an de Grëff ze kréien.

Mir müssen hei méi wäit goen! Mir müssen eis méi trauen! Mir hu guer keen anere Choix méi! Mir brauchen méi Initiativ. An ech hoffen, datt deen nächste Budget dann endlech de Courage erëmispigelt, dee mer brauchen, fir eist Zil vu maximal 1,5 °C Äerderwärmung dach nach ze erreechen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn haut ugefaange mat enger Rei positive Punkten, déi an dësem Budget ze fanne sinn. An ech bleiwen derbäi: Déi si ganz gutt! Mee bei esou villen anere Punkte geet et eis einfach just ëm Aewëscherei, ëm eng schéi Fassad, während hannendrun einfach iergendwéi alles beim Ale bleift. Et ass e Potemkinscht Duerf. Dat ass en Ëmstand, deen de villen Erausforderungen, deenen eist Land aktuell géintiwuersteet, sief et d'Klima, de Logement, wuessend Ongläichheeten oder e Gesondheitswieser, an dat dréngend investéiert muss ginn, einfach net gerecht gëtt.

An, jo, dofir musse mir leider soen: Dës Budgets-propos gëtt eiser Gesellschaft an eisem Land net gerecht. Et feelt de Courage, fir déi grouss Defien unzegoen an en Ëmdenken anzeleeden. Dofir wäerte mir Piraten dëse Budget haut och net matstëmme kënnen.

Ech soen lech dofir Merci.

An, Här President, wann Der mer erlaabt, nach e ganz kuerzt perséinlecht Wuert.

De Finanzminister huet haut de Moien e ganz flotten Appell gemaach fir de Pouvoir vun der Chamber, fir „dës Pärel op dësem Planéit“, wéi e Lëtzebuerg genannt huet, a sécher ...

(*Interruption par Mme Stéphanie Empain*)

D'Land. En huet Pärel ... D'Land ass d'Pärel um Planéit, hat en, mengen ech, gesot.

■ **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Nee, ech hat net verstanen, Dir hutt gesot, d'Chamber wär d'Pärel ...

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Nee, nee, ech hu gesot, fir datt d'Chamber déi soll a gudden Hänn halen. Ech si mer sécher, Här Finanzminister, datt Der Är Pensioun genéissee kënnt. Dir wësst, datt déi 60 hei, och wa mer net ëmmer averstene si mateneen, wa mer aner Visiounen hunn, wéi een et soll upaken, dach alleguerten ee gemeinsaamt Zil hunn, an dat ass, fir Lëtzebuerg besser no vir ze bréngen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An de Gilles Baum wëllt ...

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- Merci, Här President. Just fir e Fait personnel, deen den honorabelen Här Clement elo soulevéiert huet. En ass zréckkomm op eng Emissioun, déi op RTL gelaf ass, wou mer am „Kloertext“ effektiv geschwat hunn iwwer dee Seuil, dee soll gesat gi fir d'Mëttegiessen an de Schoulkantinnen.

An ech hunn effektiv do gesot, dass dee Seuil, dee virgesinn ass, dee Seuil vu véiermol de Mindestloun, wat dann ongeféier 9.000 Euro brutto ass, dass dat am Stot - ech wëll dat nach eng kéier ganz

kloer hei soen, an dat kënnt Der och am Film noku-cken, Här Clement, well ech hunn et och nogekuckt, éier ech mech elo hei zu Wuert gemellt hunn -, ech soe ganz kloer: 9.000 Euro brutto am Stot, dat heescht 4.500 Euro brutto pro Persoun, dass dat zu Lëtzebuerg als mëttelst Akommes kann ugesi ginn.

An dofir wëll ech och ganz kloer soen, dass mir als Demokratesch Partei hannert deem Seuil vu véiermol de Mindestloun, fir kënnen an de Genoss ze kommen och fir eng Erliichterung fir d'Kanner, déi an d'Kantin ginn, dass mir do ganz kloer hannendrustinn.

Et kann een net ëmmer och hei d'Wuert ergräifen a soen: „déi Leit mat klengem Akommes an och déi Leit mat engem mëttelen Akommes“; hei gëtt ganz kloer eppes och gemaach, wou d'Leit mat engem klengen Akommes an de Genoss kënne kommen. An ech wëll hei ganz kloer nach eng kéier ënnersträichen, dass mir als Demokratesch Partei zu 100 % hannert deem Seuil do stinn, véiermol de Mindestloun brutto am Stot! Am Stot! Wann zwou Paien do sinn, ass et zweemol 4.500 Euro brutto.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci dem Gilles Baum. An ech ginn dann dovun aus, dass de Sven Clement eng Prezisioun nach wëllt maachen.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Ech hunn de Video a ganz gudder Erënnerung. Ech weess och, datt de Gilles Baum dat gesot huet. Ech wëll just drop hiweisen, datt d'Fro, déi gestallt war, war: „Här Baum, wat ass da fir lech e mëttel Akommes?“ An dunn huet den Här Baum dorobber eeben dat geäntwert, wat en elo hei duergeluecht huet.

Ech wëll awer drop hiweisen, datt ech a menger Ried nach ëmmer der Meenung sinn, datt 9.000 Euro, egal ob an deem Stot een, zwee, dräi oder véier Leit liewen, datt dat net sozial selektiv ass. Sozial selektiv ass, wa mer et un d'Unzuel vun de Leit am Stot koppelen, wat den Här Baum jo am zweeten Deel vu senger Interventioon gesot huet, nämlech ze soen: Bei zwee Erwuessene sinn dat nach 4.500 Euro brutto op de Kapp. Wann awer en Elengerzéiende mat engem Kand 9.000 Euro de Mount brutto huet, da weess ech net, ob dat zu engem mëttleren Akommes ze zielen ass. Ech gesinn op alle Fall do keng sozial Selektivitéit. Da soll een et einfach gratis fir jidderee maachen an net vu sozialer Selektivitéit schwätzen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci.

(*Hilarité*)

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- Domat kann ech och liewen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci fir déi zweet Folleg vum „Kloertext“.

■ **Une voix**.- Merci och, Här President.

(*Brouhaha*)

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Et ça promet fir aner Gesetzesprojeten, zum Beispill am Logement.

Ech géif dann d'Wuert weiderginn un den André Bauler.

■ **Plusieurs voix**.- Aa! Oo!

(*Brouhaha et hilarité*)

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. André Bauler** (*DP*).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Kolleegen Deputéiert, jo, fir d'alleréischst wollt ech emol dem Kolleeg Dan Biancalana Merci soe fir säi pertinente Rapport zum Staatsbudget 2022.

An Zäite vum Ëmbroch, vun der Transitionen ënnerwee an eng méi nohaltig Gesellschaft, awer och an Zäite vu Spannungen an Onzefriddenheeten ass d'Theema vun der existenzieller Sécherheet ouni Zweifel eng treffend Manéier, fir de Budget transversal ze liesen an ze studéieren.

D'Mënschen, mir Mënschen, sichen ëmmer Sécherheet. Mir sinn op Sécherheet beduecht, net nëmme materiell Sécherheet, mee doriwwer eraus och moreschen Halt a psychologesch Begleitung, wann et dann noutwendeg ass. D'Mënsche sichen ëmmer sozial Ofsécherung, besonnesch an den Noutsituatiounen vum Liewen, ob an hiren Dierfer oder urbane Wunnvéierel.

Sécherheet reimt natierlech och mat gesellschaftlichem Zesummenhalt. An d'Pandemie stellt dësen Zesummenhalt sécherlech op eng ganz schwéier Prouf.

Meng Komplimenter un de Budgetsrapporteur fir seng Fläissaarbecht an och seng Beméiungen, fir an all Kommissioun ze kommen, op Visitt ze sinn a besonnesch och gutt nozelauschteren.

Jo, d'Sécherheet, am breede Sënn, ass en Theema. An de Staat kann, d'ëffentlech Hand ka ganz viles dozou bäidroen. An dat ass och an de leschte Méint a Jore geschitt!

Denke mer nëmmen un déi Hellewull u sozialen Hëllefstellungen an och un déi vill gratis Déngscht-leeschungen oder Sachleeschungen, wéi am Fachjargon gesot gëtt, déi mer de Mënschen hei am Land zoukomme loosse. An dat ass och de Moie vum Finanzminister a vum Kolleeg Gilles Baum preziséiert ginn an nach eng kéier an Erënnerung geruff ginn. Jo, vun de Steiererlicherungen am Joer 2017 bis iwwer de gratis ëffentlechen Transport bis hin zur Eropsetzung vun der Allocation de vie chère.

Dat léist net all finanzielle Problem! Ma nennt mer emol ee Land an Europa, dat awer esou geziilt op déi ageet, deenen et materiell am Liewen net esou gutt geet an déi wierklech d'Hëllef vun der Ëffentlecheet brauchen!

A fir datt mer dat alles organiséieren a besonnesch finanzéiere kënnen, brauche mer eng dynamesch a souteinabel Wirtschaft. Mir brauche Kreativitéit an Innovatioun. Mir brauche fläisseg Mënschen, déi all Dag d'Ärmel eropstréppen, fir dëst Land weiderzebréngen an déi Ressourcen ze sécheren, op déi mer ugewise sinn, fir grad deene bäizestoen, déi net op der Sonnesäit vum Liewe stinn. Schlisslech baut ee kee staarke Sozialstaat op eng ugeschloe Wirtschaft op.

An eis Konkurrente schlofen net. Si beneiden eis. Si schenken eis näischt. D'wirtschaftlech Geschicht kennt keng ugestaamte Rechter, si kennt keng Droit-acquisen. Wie Sécherheet wëll, dee muss och bereet sinn ze schaffen, muss bereet sinn, fir sech net dem Fortschritt ze verschléissen, dee muss och nei a munchmol onkamoud Weeër goen. Sech Sécherheet leeschten ze kënnen heescht och a grad, ëmmer waakreg a virsiichteg ze bleiwen, fir d'Erausforderunge vun der Zäit ze ervaassen an dat Bescht dorausser am Déngscht vun all Mënsch an eiser Gesellschaft ze maachen.

Ech géif gären e Bild vun engem jonke Bauer gebrauchen. En ierft den Haff vun engem gudde Monni, e konventionellen Haff, an en huet elo de Choix: Entweder e fiert an de Fueren an den ausgetréppelte Pied vum ale Monni weider, ännert näischt a mierkt ganz séier, datt e Problemer huet, fir seng Mëllech eventuell ofzesetzen a korrekt, anstänneg seng Wuere bezuelt ze kréien. Och kritt e säi Fleisch a soss Wuere net korrekt bezuelt, well anerer, déi an der Liwwerkette sinn, sech d'Ram vun der Mëllech schäffelen. Oder de jonke Bauer lauschtert gutt no a seet sech: „Ech bauen e klengen Haffbuttek op a verkafe meng Wuere, fir déi ech schwéier schaffe muss, selwer an ech liwwere se selwer bei d'Clienten a menger Géigend.“ Oder déi komme se bei hie sichen.

(*Interruption*)

„Da bleibt de Méiwäert, deen ech normalerweis un en Tëschefournisseur oder un de Grousshandel verléieren, a mengem Betrib. E Betrib, deen ech eventuell och méi diversifizéiert kann opstellen.“

Dir gesitt: Wien an Zukunft méi materiell Sécherheet sicht a wëll, dee muss heiansdo gewinnte Weeër, scheinbar sécher Weeër, verlossen.

(*Interruption par M. Carlo Back et hilarité*)

Wat sot Dir, Här Back?

■ **M. Carlo Back** (*déi gréng*).- Ech krut vun engem Bauer gesot, en hätt zwee Standbeen.

■ **M. André Bauler** (*DP*).- Ben, et steet ee besser op zwee Bee wéi op engem!

■ **M. Carlo Back** (*déi gréng*).- Ganz richteg!

(*Brouhaha et hilarité*)

■ **M. André Bauler** (*DP*).- Kreativitéit an Innovatioun loune sech duerchaus. Si sinn d'Virusssetzung fir méi Sécherheet.

(*Brouhaha général et hilarité*)

Ech froe mech, wat et do ze laache gëtt. Et soll een ëmmer diversifizéieren. Et soll een ni op ee Päerd setzen. Mee et soll een ëmmer besser ...

(*Brouhaha général et hilarité*)

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Nee, Här Bauler, et ass Ären ...

■ **M. André Bauler** (*DP*).- ... seng Eeër net an dee selwechte Kuerf leeën. Léif alleguer, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Här Bauler, Här Bauler, ...

■ **M. André Bauler** (*DP*).- ... wéi mer haut ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- ... et ass Äre sagenhaften Humor!

(*Hilarité*)

■ **M. André Bauler** (*DP*).- Merci, Här President, fir Äert Vertrauen!

Léif alleguer, wéi mer haut virun engem Joer de Budget fir 2021 gestëmmt hunn, waren eis Perspektiven effektiv net déi allerbescht. D'Situatioun an de Klinicke war dramatesch.

(*Interruptions*)

Eis Beweegungen a Kontakter waren ageschränkt. Mir haten eis agestallt op en Defizit fir d'Joer 2020





vu ronn 5 Milliarden Euro - mir erënneren eis alleguer heibannen - an e Réckgang vum PIB vu 6 %. Mir hunn et awer glécklecherweis gepackt, fir d'Joer besser ze meeschtere wéi geduecht. Finalement ass de PIB just ëm 1,8 % zrëckgaang. Eisen Defizit ass mat 3,2 Milliarden Euro och manner héich ausgefall wéi gefaart, och wann dat alles, mee net gutt ass!

Am Verglach dozou, fir dat och nach eng kéier an Erënnerung ze bréngen, ass de PIB an der Eurozon ëm 6,4 % gefall. An domat huet Lëtzebuerg d'Kris europawäit mat am beschten iwwerstan. Och wann een dobäi dat mënschlecht Leed an de finanzielle Misär net aus den Ae verléieren däerf, deen Een-zelner erlieft an erdroen hunn, och a grad besonnesch heiheim.

De wirtschaftleche Constat, deen ech elo just gemaach hunn, geet aus der leschter Konjunkturrott vum Statec ervir. Dës Nott erkläert déi positiv Entwécklung vun der ekonomescher Relance op d'Staatsfinanzen. D'staatlech Hëllefën hunn d'Verloschter vun de Betriber 2020 begrenzt a si hu ronn zwee Drëttel vun den Entreprises à risque virun der Illiquiditéit geschützt. D'Wirtschaft entwéckelt sech de Moment gutt weider, och wann natierlech nach ëmmer pandemiebedéngt Risiko bestinn. Denke mer nëmmen un déi nei Omikron-Variant!

D'Inflatioun mécht eis Suergen. Vill Kolleeginnen a Kolleegen hunn et virdu gesot. Si schéngt einstweilen éischter en temporäir Phenomeen ze sinn. A si wäert dëst an dat nächst Joer ëm 2,5 % leien. Hei géif ech awer roden, virsiichteg ze bleiwen. Ech si ganz zefridden, datt mer an der Cofibu konnten en Echange an deem Kontext och mam Zentralbankchef féieren, fir genee deen do Sujet eng kéier méi genee ënnert d'Lupp ze huelen.

D'Croissance vum PIB gött fir dëst Joer op 7 % a fir dat nächst Joer op 3,5 % geschat. D'Entreprises hunn de Moment Vertrauen an d'Relance. De Chômage geet weider erof an dat op de Virkriseniveau.

D'ëffentlech Finanze sinn amgaangen, sech ze erhuelen. Dëst, well eeben déi staatlech Recetten dank der wirtschaftlecher Relance erëm klammen. Am Verglach zu eisen Nopeschländer sinn eis staatlech Recetten elo méi héich ewéi virun der Kris. Déi wirtschaftlech Perspektive sinn also am Moment besser wéi virun engem Joer. Domat sinn eis Staatsfinanzen um Wee, fir kënnen lues a lues sanéiert ze ginn. Defiziter sinn do. Si wäerten natierlech manner héich ausfalen. À moins, wéi gesot, datt de Virus eis nach eng kéier géif e Stréch duerch d'Rechnung maachen.

Mee, dat muss een awer éierlecherweis soen, mir wäerten am Zentralstaat nach eng Zäit Defiziter schreiwen. Dat sinn engersäits d'Konsequenze vun der Kris, ma dat huet awer och domat ze dinn, datt mer eebe grad keng Austeritéitspolitik fueren, déi de Wuesstum géif ofwiergen an d'Investissementer an d'Zukunft erofsetze géif. Dat géif, denken ech, eiser Wirtschaft mëttelfristeg schueden, och wa mer kuerzfristeg natierlech a puncto Defizit besser dostéingen.

Et gött der Politik jo ëmmer virgehäit, si géif nëmme vu Walechance zu Walechance denken. Abee, hei denke mer iwwer 2023 eraus, well mer eeben eis Economie op e längeren Zäitraum hi fit fir de Wandel wëlle maachen.

Mir sollten d'Defiziter am Zentralstaat dofir och am Licht vun all deenen Erausforderunge kucken. De Staat ass massiv intervenéiert, huet musse Scholde maachen, fir laangfristeg e gigantesche Schued ze vermeiden, deen eis vill méi deier gi wier wéi dat, wat et eis elo kascht.

Déi positiv Entwécklung vun eiser Wirtschaft an de Staatsfinanzen de Moment, déi och de Statec hei zeechent, déi geet och aus eng Rei Avisen ervir, déi am Kader vum Budget 2022 verfaasst goufen. Ech wëll also fir d'alleréischts op e puer Aspekter vun deenen Avisen agoen.

D'Chambre de Commerce erkläert an hirem Avis, datt déi gutt Resistenz vun eisem Land an der Kris zu engem groussen Deel op déi gutt Ausgangssituatioun vun de Staatsfinanzen zrëckzeféieren ass. Ech erënneren drun: 2018 an 2019 hate mer keng Defiziter am Zentralstaat, trotz ganz héijen Investissementer vun ëm déi 2,5 Milliarde pro Joer. Risiken, déi mat der Pandemie zesummenhängen, bleiwe bestoen. Trotzdeem entwëckele sech d'Staatsrecetten de Moment ganz favorabel!

D'Finanzsprëtze vun der Regierung, déi mir och hei am Parlament guttgeheescht hunn, droen hir Friichten. Déi Lëtzebuerger Zentralbank ënnersträicht sou zum Beispill, datt den Taux d'emploi 2020 um selwechten Niveau bliwwen ass wéi 2019. Dat natierlech weinst den Hëllefsmesurë vun der Regierung.

D'Handwierkerkummer begréisst hirersäits déi héich Investissementer an d'Zukunft. Grad d'Voleté Soziales, Ëmwelt, Logement, Energie ginn am Budget 2022 prioriséiert. An deem Kontext betount dann och d'Chambre des Métiers, datt dës Hëllefën

e strammen Defizit - stramm Defiziter: Dat erënnert e bëssen un eise Kolleg Gast Gibéryen, deen ëmmer vum ...

#### (Hilarité)

... stramme Wuesstum geschwat huet -, mee e strammen Defizit geschaf hunn. Eng exzeptionell Situatioun, déi natierlech net ze laang unhalen däerf, wéi d'Chambre des Métiers zu Recht ënnersträicht.

Och d'Chamber vun de Staatsbeamten an ëffentlechen Employéen ënnerstëtzt d'Mesuren, déi de Staat geholl huet, fir d'Konsequenze vun der sanitärer Kris ofzefiederlen. Gläichzäiteg begréisst d'Staatsbeamtekummer déi héich ëffentlech Investitiounen, ouni déi mer eis net op d'zukünftge Defie kéinte virbereeden.

De Conseil national des finances publiques, deen ëmmer soll e ganz kritesche Bléck op eis Staatsfinanze geheien, erkläert - gradewéi de Statec -, datt den Impakt vun der Covidkris méi niddreg ass wéi gefaart an eis Relance heiheim méi staark ass wéi am Rescht vun der Eurozon. D'makroekonomesch Previsiounen sinn aktuell besser wéi nach am Ufank vun der Pandemie ugeholl. Och wann d'Hëllefsmoossnamen natierlech Defiziter mat sech bruecht hunn, wäert de Sold an den nächste Joren erëm positiv ginn. De Plan pluriannuel gesäit vir, datt den Defizit am Gesamtstaat ofgebaut gött, soudatt mer ab 2024 erëm e positive Sold verbuche kënnen.

De CNFP stellt och fest, datt eis Schold nach ëmmer kloer ënnert dem Regierungszil vun 30 % vum PIB läit, sou wéi et am Koalitiounsaccord festgehalen ass.

De Conseil national erkläert sech déi vergläichbar gutt Situatioun duerch d'Gewiicht vun der Lëtzebuerger Finanzplaz an eiser Wirtschaft, déi natierlech eng atypesch Economie ass! Eng kleng oppen Economie huet ëmmer en atypesche Charakter. Meeschtens dominéiert ee Secteur. Net necessairement, mee villfach ass dat de Fall. Bei eis hei zu Lëtzebuerg ganz sécher!

Am Fall vun der Viruskris, am Fall vun deem externe Schock, dee mer erlieft hunn an deen d'Pandemie nun emol ass, huet de Finanzsecteur - an do hate mer Chance, jo! - eis gehollef, fir weesentlech besser duerch d'Kris ze komme wéi aner Länner. Gläichzäiteg ass dës Dominanz, an heibannen hunn och verschide Politiker dat ënnerstrach, e Risiko, am Fall wou mer enges Daags e Schock hätten, deen eis Finanzplaz géif treffen. Och dat hu mer schonn e puermol an der Cofibu diskutéiert.

Mir verschléissen och als Majoritéit, denken ech - an net nëmmen d'Majoritéit -, kengesfalls d'Ae virun dëser Gefor! Ma et soll een awer och net den Däiwel un d'Mauer molen. Fir de Moment echapéiere mer gutt. An dat huet och mat der Diversificatioun vun der Finanzplaz ze dinn, déi haut, contrairement zu 2008, also während der Bankekris, weesentlech méi diversifizéiert an domadder méi breet opgestallt ass!

Mir hunn also eng Diversificatioun innerhalb vun der Spezialiséierung, innerhalb vun deem spezialiséierten Ekosystem, deen eise Finanzsecteur nun emol duerstellt.

D'Avisé vun de Kummeren an aneren Organer weisen op jidde Fall, an do gött et e breede Konsens, datt den Defizit aus reng vollekswirtschaftlecher Siicht justifizéiert ass a war. D'Hëllefsmoossname waren néideg, fir der Kris eebe besser Meeschter ze ginn! Well soss wieren eng ganz Rëtsch Betriber a Privatberuffler d'Baach agaang. Vum Impakt op de Chômage net ze schwätzen.

Ech erënnere mech selwer - an ech hoffen, Dir erënnert lech och - un déi Méint Mäerz, Abrëll, Mee d'lescht Joer, wéi mer gesinn hunn, wéi d'Bourse sech entwéckelt hunn, wéi mer gesinn hunn, wéi d'Staaten hu missen intervenéieren, wéi mer gesinn hunn, wat fir eng Ängschte sech och fir déi verschidden Economieë breetgemaach hunn, datt keen esou richteg wousst, wou d'Rees kéint oder géif higoen. A grad dowéinst war et wichteg, datt de Staat seng Responsabilitéit iwwerholl huet.

Wéi de Conseil national des finances publiques erkläert, huet grad d'Finanzplaz, déi 25 % vun der gesamter Valeur ajoutée ausmécht, déi eis Economie generéiert, a besonnesch d'Innovatioun op dëser Finanzplaz eis méi sécher duerch d'Kris bruecht! De Finanzsecteur beschäftegt haut méi wéi 50.000 Leit, ronn 53.000 Leit, wa meng Souvenire gutt sinn. Dat sinn der méi, wéi zu Lëtzebuerg Schüler a Studenten am Precoce, am Lycée an op der Uni ageschriwwen sinn. Iwwer 50.000 Mënschen, déi hire Liewensënnerhalt fir sech a fir hir Familljen op der Finanzplaz verdéngen!

Eis Fongenindustrie ass d'Nummer zwee an der Welt. Am Grand-Duché ginn iwwer 5.600 Milliarden Euro Avoiren an de Forge verwalt. Dës Avoire kann ee mam järlechen nominale PIB vu Japan vergläichen, der drëttstärkster Economie weltwäit! An ech denken, Här Finanzminister, datt Der déi Economie gutt kennt.

D'Wichtigkeet vum Finanzsecteur fir eis Steierrecetten ass enorm. Ee Véierel vun de Recettë vum

Zentralstaat kommen aus dem Finanzsecteur. An als kleng Rapport: De Finanzsecteur mécht 24 % vun der Lounsteuer aus. 75 % vun der kommunaler Gewerbesteier. Iwwer 75 % vun der Kierperschaftsteuer an 100 % vun der Taxe d'abonnement evidenterweis.

D'Recettë vun der Taxe d'abonnement sinn iwwert déi lescht Joren net just eng positiv Finanzquell fir d'Staatsrecettë gewiescht, mee d'Tendenz geet erop. De Projektiounen no wäert dës Kategorie vu Recette vun enger Milliard Euro 2019 op annerhalv Milliard Euro 2025 klammen. Dat huet natierlech och mat der positiver Entwécklung oder grad mat der positiver Entwécklung op de weltwäiten Aktiemäert ze dinn.

D'Steierrecettë vun der Finanzplaz sinn also bedeiendend fir Lëtzebuerg. Mee et muss ee sech awer och bewosst sinn, datt mer eebe staark vun dësem Secteur ofhängen. A wann d'Aktivitéiten op eiser Finanzplaz erofginn, wäerten och eis Steierrecetten deementspriedend méi kleng ausfalen.

Sech op de Status quo ze behaapten an ze hoffen, datt et och an Zukunft ëmmer esou weidergeet an esou géif weidergoen, dat wier eng schlecht Iddi. Dofir spillt eeben d'Diversificatioun innerhalb vun der Spezialiséierung, innerhalb vum Ökosystem Finanzplaz eng essenziell Roll! Si dréit zu méi Stabilitéit, zu méi Widderstandsfäegkeet bäi. An dorüwer eraus muss et eis Ambitioun generell bleiwen, fir eis Wirtschaft méi ze diversifizéieren. An ech mengen, do kennt Der d'Beispiller alleguer. Loosse mer eis Industrie net vergiessen, eist Handwierk, eist Konschthandwierk, d'Kreativwirtschaft a vill kleng a mëttelstänneg Betriber, déi zu där Diversifizéierung, déi zanter de 60er-Jore bedriwwen gött, bäidroen.

Léif alleguer, de Luxembourg Green Exchange erlaabt, datt déi Lëtzebuerger Finanzplaz déi zweetgréngst an der Europäescher Union ass. D'Hallschent vun allen nohaltegen Obligatiounen weltwäit ass hei cotéiert. Déi nohalteg Transitioun geet just mam private Secteur zesummen, Hand an Hand. Den ëffentleche Secteur huet weeder d'Ressourcen nach d'Mëttel, fir dat eleng unzegoen.

Mir sinn deementspriedend bereet, fir op Recettë vun der Taxe d'abonnement ze verzichten, wann et ëm d'Bekämpfung vum Klimawandel geet. Konkreet erhieft de Lëtzebuerger Staat mëttlerweil just nach 0,01 %, amplaz 0,05 %, op nohaltege Wäertpabeieren. Déi Suen huet de Staat manner an der Keess, mee dat ass et awer derwäert! Et ass derwäert fir eis Ëmwelt, et ass derwäert fir d'Bekämpfung vun der Klimakris, fir d'Zukunft besonnesch vun deene jéngere Generatiounen.

Ech si ganz dankbar fir dee rezenten Echange, dee mer an der Finanzkommissioun hate mat de Spezialisten, mam CEO vum Luxembourg Green Exchange, mat de Verantwortleche vun der Bourse, déi eis Erklärungen geliwwert hunn iwwert déi nohaltege Finanzen an och d'Kontroll vun den Acteuren, déi do ënnerwee sinn, an och déi Taxonomie, déi an deem Kontext ugewannt gött an déi weider evoluéiert, grad eebe fir e Greenwashing ze vermeiden.

Ech soen alle Kolleeginnen a Kolleegen Merci, vun alle Säiten, déi an där Reunioun do derbäi waren, fir datt mer eis eebe grad e bessert Bild kënnen maachen a fir datt mer och Viruteeler an deem Beräich kënnen ofbauen.

Krypto: Dat ass net grad meng Spezialitéit, hein, mee ech soen awer eppes dozou. Dat ass e Wuert, dat eis mëttlerweil all e Begrëff ass, mee déi mannt kënnen sech dacks dobausse virstellen, ëm wat et do geet. Als Privatpersoun kann ee sech och nach soen, datt een deem léiwer nach e bëssen op Distanz nokuckt, et op Distanz suivéiert an ofwaart. Als Staat kënnen mer eis awer dëser Technologie net verschléissen! D'Kryptosphär huet Potenzial, an dat wëlle mer notzen, andeems mer och an dësem Fall en transparenten a séchere Kader bidden. Alternativ Fongen dierfen, ënner gewësse Konditiounen, a virtuell Avoiren investéieren. Den 29. November dëses Joers huet d'CSSF e Guide zu de virtuellen Avoire verëffentlecht. D'Investisseure kréien also e stabillegale Kader, dee Vertraue schaaft an esou eis Finanzplaz stäerkt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, meng Fraktioun kuckt trotz allem ...

#### (Interruption)

... zouversichtlech an d'Zukunft. Mir hu laang fir e Level-Playingfield plädéiert, also en internationaalt Steierklima, an deem d'Reegele vum Spill, virun allem wat d'Mindestbesteuerung betrëfft, déi selwecht sinn. Ouni dës Level-Playingfield war d'Diskussioun ëm d'Steiergerechtkeet ëmmer och eng strateegesch Fro: Wien erhéicht d'Steieren also fir d'éischt? Wëssend, datt déi Länner, déi net direkt oder guer net matzéien, da géife vun esou enger Situatioun profitéieren.

Elo sinn op OCDE- an EU-Niveau politesch Accorde fonnt ginn, fir endlech op de Wee vum Level-Playingfield ze goen. Steierlech Differenze sollen ëmmer manner eng Roll spillen. Dofir ginn eis aner Stärkten elo méi wichteg an d'Finanzplaz Lëtze-

buerg huet vill där Stärkten, huet sech am Laf vun de Joerzénkten e Knowhow, Kompetenzen ugëeegent. Mir sinn also an deem Sënn gutt opgestallt.

Mir hunn, ech hunn et just gesot, en Knowhow, zum Beispill exzellent Juristeberoder a Finanzexperten. Mir hu sécher a performant Datenzentren; de MeluXina-Supercomputer zu Biissen ass zum Beispill ee vun de séierste Computeren op der Welt. Mir hunn eng effikass Kontroll. Zanter der Finanzkris am Joer 2008 huet sech den Effectif bei der CSSF vu ronn 308 op 932 Employéen d'lescht Joer méi wéi verdräifacht. Dat weist, wéi seriö mer zu Lëtzebuerg d'Anhale vun der Legislatioun kontrolléieren.

Lëtzebuerg huet also e leeschtungsfäegen, innovativen Ekosystem! Et huet een hei zu Lëtzebuerg ganz viles, wat ee brauch, fir als Entreprise Erfolleg ze hunn. Well: Wat wier en Investmentfong ouni Accès op den europäesche Maart? Wat wier eng zolidd Gesetzgebung ouni spezialiséiert Affekoten, déi se weiderentwëckelen, upassen an ëmsetzen hëllefën? Wat wier e kompetitive Steiersaz ouni politesch a sozial Stabilitéit? Wat wier eng Obligatioun ouni Kreditwierdegkeet?

An eisem Ekosystem kommen zeg Facteuren zesummen, déi ee brauch, fir kënnen ze schaffen! Dat mécht Lëtzebuerg als Land an als Standuert méi attraktiv. An trotzdem bleiwen dës Virdeeler, déi mer de Moment genëssen, net éiweg. Aner Länner sinn net nëmme Partner. Et ass dacks gesot ginn: Lëtzebuerg a London sinn net nëmme Konkurrenten, si sinn och Partner, wat d'Finanzplaz ugeet. Jo. Mee aner Länner sinn net nëmme Partner op dësem Punkt, si sinn och Konkurrenten!

Denke mer nëmmen u Groussbritannien. Ech soen et hei och ënnert der Kontroll vum Laurent Mosar, dee sech a Saache Groussbritannien, Finanzplaz London a Brexit och gutt auskennt an hei schonn divers kéieren zu deem Thema intervenéiert ass.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Très bien!

■ **M. André Bauler (DP).**- Nei Technologie kommen op de Marché.

#### (Hilarité et interruption)

A mir müssen also och hei weiderhin no vir kucken. Eis Hauptstäerkt ass also eise Wëllen an eis Capacitéit, fir eis ëmmer erëm nees nei ze erfannen. Mir adaptéieren eis Legislatioun permanent, fir eeben den Acteuren e passenden, e fortschrëttleche Kader an esou déi gréisstméiglech Rechtssécherheet ze bidden.

Här President - ech gesinn, en huet och net gewieselt, dat ass gutt, da verschwätzen ech mech och net -, dank eiser Finanzplaz si mer besser duerch d'Covidkris komm wéi gefaart. Dat eeben, well d'Finanzplaz diversifizéiert ass. Si ass innovativ, kuckt no vir. Mir hunn an der Vergaangenheet ëmmer eis Gesetzgebung kënnen adaptéieren, fir mam Fortschrétt matzehalen an och matzegoen. Wann eng Spart ewechgefall ass, dann huet eng aner se kompenséiert. D'Innovatioun vun eiser Plaz garantéiert also grad eis Kontinuitéit.

#### (Interruptions)

Mir kënnen a wäerten eis net ausrouen, mee mir kucken no vir an investéieren an d'Zukunft, an d'Diversificatioun an an d'Nohaltegkeet vun eise Strukturen. Eisen Ekosystem, deen dauernd evoluéiert, wäert de Lëtzebuerger Wuelstand och weiderhin hëllefën ze schützen.

Wa mer scho bei Sécherheet sinn: Zur Sécherheet gehéiert eebe grad och de Sujet Schutz!

Léif alleguer, haut stëmme mer de leschte Budget, deen de Pierre Gramegna hei am Plenum ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Awer net méi haut!

■ **M. André Bauler (DP).**- ... am ...

■ **Une voix.**- Haut net!

■ **Une autre voix.**- Haut oder muer!

■ **M. André Bauler (DP).**- Haut stëmme mer ... Haut nach net, et ass wouer.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Haut nach net!

■ **M. André Bauler (DP).**- Jo, ech hat ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Dir sidd Ärer Zäit virus, Här Bauler.

■ **M. André Bauler (DP).**- Ech si menger Zäit vläicht ausnamswies virus. Nee. Ech hunn, ...

#### (Hilarité)

Ech hat dat emol esou virgesinn! Et ass wouer. Ech hunn et vergiess, Här President. Ech duecht, mir kéimen haut op en Enn, mee et ass gutt, dass mer muer de Moie mat klorem Kapp de Budget nach eng kéier betruechten, ier mer dann zu de Votte kommen.

■ **Une voix.**- Hutt Der haut nach eng wëlles, Här Bauler?

#### (Hilarité)





■ **M. André Bauler** (*DP*).- Haut stëmme mer net de leschte Budget, mee muer stëmme mer awer de leschte Budget, deen de Pierre Gramegna hei am Oktober virgestallt huet! An dowéinst wëll ech him, wëll ech dem Här Finanzminister villmools Merci soe fir d'Ustrengungen, déi hien déi lescht aacht Joer gemaach huet. Hien huet, fir et kuerz a grëffeg ze soen, d'Reputatioun vun eisem Land verbessert, andeem hie mat eis zesummen, mat der Chamber, international Standarden ëmgaset huet, mat der Steuerreform vun 2017 d'Persounen an d'Famillje mat klengem a mëttlerem Akommes entlaascht huet. An him läit a louch ëmmer och d'Stabilitéit vun eise Staatsfinanzen um Häerz!

Merci, Här Minister, lech, a merci och Äre Beamte fir déi gutt Zesummenaarbecht an der zoustänneger Kommissioun an och nach eng Kéier mécht dem Rapporteur fir seng wäertvoll Aarbecht. D'nächst Joer trëtt dann d'Madamm Yuriko Backes d'Funktoun als Finanzministesch un. D'Madamm Backes huet als fréier Diplomatin extra gutt Kenntnisser vum Lëtzebuurger Staat an der Europäescher Unioun.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. André Bauler** (*DP*).- Si huet eng professionell a gewëssenhaft Aart a Weis an ech sinn iwwerzeegt, datt si eng exzellent Finanzministesch wäert sinn!

Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- A merci lech, Här Bauler. Nächsten agedroene Riedner ass den Här ...

■ **Plusieurs voix**.- François Benoy.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- ... François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, jo, d'Aarbecht vun engem Budgetsrapport ass bei mir och nach relativ frësch. Dofir weess ech, wat et heescht, dat ze maachen. An dofir wëll ech ufänken an dem Dan Biancalana Merci soe fir déi Aarbecht an him och felicitéieren dofir an him och speziell Merci soen, dass en dat Theema vun der Sécherheet, an zwar a senger Ganzheetlechkeet, thematiséiert huet. Ech mengen, dass dat eppes ass, wat der aktueller Debatt ganz gutt gedoen huet.

Da wëll ech awer och dem Finanzminister, dem Pierre Gramegna, villmools Merci soen. Hien huet nämlech, an dat verbënnt eis, mengen ech, ...

(*Interruptions*)

... Theemen, déi him ganz wichteg waren a fir déi e sech engagéiert huet, an déi si mir och ganz wichteg. Ech nennen do zwee Beispiller: De Klimaschutz op där enger Säit an op där anerer Säit och d'Sustainable Development Goals. An dat hunn ech - net fir d'éischt, awer op jiddwer Fall ganz staark och - gespuert, wéi mer virun zwee Joer op der COP waren zu Madrid. An ... Voilà! Ech hunn do net esou vill Finanzministere begéint an dofir muss ech soen, dass ech dat wierklech appreciéiert hunn an dass ech mengen, dass eng ganz Rei aner Finanzministere sech an där Hisiicht vum Pierre Gramegna kënnen eng Scheif ofschneiden.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- De Moien huet den Här Gramegna hei och nach eng Kéier gesot, dass am Ufank vun der Legislaturperiod, wéi hie Finanzminister ginn ass, Lëtzebuerg op enger Schwaarzer Lëscht war wéinst der Steuerpolitik an dass mer wierklech alles musse maachen, fir dass mer net méi op esou enger Schwaarzer Lëscht sinn. Ech mengen, mëttlerweil si mer wierklech Virreider a mir schaffe ganz engagéiert fir méi Transparenz, Antiblanchiment an esou weider.

An ech wëll dann awer och iwwer eng aner Lëscht schwätzen, nämlech de Climate Change Performance Index, an deem Lëtzebuerg nämlech dëst Joer sech ëm dräi Plaze verbessert huet, fir op der 18. Plaz ze si beim Leadergrupp. An dat weist och nach eng Kéier ganz kloer, awéifern déi heite Koalitioun wierklech de Klima- an Ëmweltschutz ganz eescht hält an och zu gudde Resultater kënn.

An ech mengen, mir müssen ... Mir sinn trotzdem nach laang net do um Schluss ukomm a mir müssen alles maachen, fir dass mer eis do nach besser placéieren. An ech zitéieren dann erëm de Pierre Gramegna: „Wo ein Wille ist, ist ein Weg.“ A mir wäerten op jidde Fall ganz engagéiert an déi Richtung weiterschaffen als Gréng!

■ **Une voix**.- Très bien!

(*Interruption*)

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Ech fänken dann u mat menger eigentlicher Ried. Wa mer iwwert d'Lëtzebuurger Ekonomie schwätzen, da stelle mer eigentlech fest, wa mer déi kllassesch makroekonomesch Indicateuren huelen, dass mer ganz gutt do sinn. Mir si gutt duerch déi Kris komm, ënner ane rem well mer e staarke Service- an och Finanz-

sektor haten. Mir hunn nei Aarbechtsplazen och an der Kris geschaf a mir stinn och, wat d'Previsiounen ugeet, am europäesche Verglach ganz gutt do. A mir sinn natierlech als klengt Land ugewisen op Investissementer aus dem Ausland. Mir musse kompetitiv sinn an d'Fro ass natierlech: Wéi stelle mer onst Land fir d'Zukunft op?

A verschidde Facteure spillen do, mengen ech, mat, fir attraktiv ze sinn. Et ass op alle Fall net esou, dass de steuerleche Kader fir d'Entreprises aleng de Facteur wär vun der Attraktivitéit. Ech mengen, dass och grad mat deene ganz wichtege Efforte vun de leschte Joren, dass mer eng weltwäit Mindestbesteuerung hunn, an der Steierfro och eebe grad déi aner Facteure fir d'Zukunft méi wichteg ginn.

An dat ass och ganz richtig esou, well dee „race to the bottom“ net gutt war, dee mer déi lescht Jore kannt hunn. Well mer nämlech wierklech e staarke Staat a staark Staate brauche fir déi Investissementer, déi mer eebe fir d'Zukunft brauchen, sief et an der sozialer Fro oder och an der Klimafro.

A fir ons Gréng ass kloer: Fir dass mer als Land kompetitiv sinn, musse mer och als Land attraktiv sinn. An dofir musse mer attraktiv si fir Entreprises, fir dass déi sech hei néierloossen, fir dass se hei investéieren, fir dass se hei Recherche maachen, fir dass hei Betriber gegrënnt ginn. A mir müssen awer och attraktiv sinn, dass d'Leit heihinner schaffe kommen! Dass se sech hei weiderbilden. Dass se hei opwuessen, dass se hei al ginn. Bref, mir brauchen en attraktiivt an e kompetitiivt Land, fir hei gutt ze liewen.

Här President, Dir Dammen an Hären, en attraktiivt Land also mat enger zukunftsfaeger a klimaneutraler Economie. An dofir musse mer d'Grundvoraussetzung schafen, dass eis Economie net just kuerzfristeg, mee och laangfristeg sech nohalteg entwéckelt. An zwar, dass mer an Zukunft klimaneutral sinn. Mir hunn eis d'Zil ginn, fir dat 2050 ze sinn. Mee ech soen: Mir müssen dat méi séier maachen. Mir müssen dat esou séier wéi méiglech maachen!

An dat ass eng ganz déifgräifend Transition, déi do op ons duerkennt vun der fossiller Energie bis op 100 % erneierbar. A just déi Entreprises, déi elo schonn déi richtig Weiche stellen an déi Transformation anticipéieren, wäerten och, mengen ech, d'Gewënner sinn an Zukunft um Niveau vun der wirtschaftlecher Entwécklung. Déi aner wäerten ofgehaange ginn an dofir musse mer elo als Land Vollgas ginn a Richtung Klimaneutralitéit. Dat ass eng zentral Fro vun der Kompetitivitéit vun onser Economie a vun der Attraktivitéit vun onsem Land!

Lëtzebuerg hält dës Eerausforderungen awer scho säit Joren eescht. An och an deem heite Budget erëm ass de Klimaschutz eng Prioritéit. Mir hunn héich Depensen, wat de PNEC ugeet, vu knapp 2 Milliarden, an dee Montant wäert och am Plurianuel weider klammen.

An e weidert wichtegt Instrument - an eng ganz Rei Experte seet dat och -, fir dass mer eebe klimafreëndlech Technologïe féerden, ass, dass mer eng Besteuerung maache vun den Emissiounen no dem Verursaacherprinzip. An ech sinn domat bei der CO<sub>2</sub>-Steier, déi mat deem heite Budget d'nächst Joer wäert ëm 5 Euro an d'Luucht goen, op 25 Euro d'Tonn. Domadder schafe mer e konkurrenzellen Advantage fir d'Acteuren, déi an der ekologescher Transition sinn. Duerch d'Hausse awer parallel vum Steierkredit an d'Hausse, déi mer jo och mat deem heite Budget maachen, vun der Allocated vie chère gëtt déi heite Steier awer och gutt ofgefiedert fir d'Menagé mat klenge Revenuen.

Déi rezent Nott vun dem Statec huet gesot, dass eis Klimapolitik gräift. Well mir wäerten dëst Joer och ënnert der Trajectoire, déi mer bis 2030 hunn, landen. Mir müssen dat natierlech awer ëmmer am Bléck halen, well de Gros vun eisen Emissiounen geet op den Transport zrëck, zum groussen Deel och den Tanktourismus. An, bon, och do sinn d'Ventë par rapport zu 2019 erofgaangen. Mee, an dat seet d'Zentralbank an hirem Avis: Et geet awer net duer an den nächste Joren, fir dass mer déi Trajectoire hale kënnen.

Dofir musse mer eis elo och scho Gedanke maachen, wéi mer déi CO<sub>2</sub>-Steier wëlle weider entwéckelen, wéi mer mat deem Instrument no 2023 weidermaachen. Dat ass och eppes, op dat eis a verschiddenen Avisen opmierksam gemaach gëtt, vun der Zentralbank, der Handelskummer, der Fedil an esou weider. Well d'Entreprisë brauche justement Previsibilitéit, fir dass sech eebe hir klimafreëndlech Investissementer lounen kënnen. A mir mengen op alle Fall, dass mer déi CO<sub>2</sub>-Steier ... A mir mengen, dass kee Wee derlaanschtfeiert, dass mer an déi heite Richtung, déi mer elo ugefaangen hunn, weidermaachen an dat Ganzt och natierlech sozial offiieren.

Et kann een awer och vläicht iwwer aner Modeller diskutéieren. Zum Beispill eng automatesch Evolution vun der CO<sub>2</sub>-Steier par rapport zum Erreeche vun Tëschenziler ...

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- ... an doru gekoppelt natierlech dann och eng automatesch Upassung un de Crédit d'impôt, fir dass mer d'sozial Gerechtegkeet garantéieren.

Positiv Incentiven an Hëllef sinn natierlech wichteg fir d'Leit, awer och fir d'Entreprises. Mat deem heite Budget ginn d'Primme verlängert an ugepasst. Sief et am Beräich vun der Mobilitéit, am Beräich vum Heizen, vun der Effizienz vum Bauen, awer och wat erneierbar Energien ugeet. An och déi kleng Revenue sollen et an Zukunft hei nach méi einfach gemaach kréien, fir vun deene Primmen ze profitéieren.

Eng Measure och, déi am Budget steet, ass ... An ech sinn och speziell frou, dass déi kënn, well ech virun zwee Joer nämlech eng Question parlementaire an deem Sënn gestallt hat, an de Pierre Gramegna hat mer dunne geäntwert, si géifen dat kucken, fir dass dat iergendwann eng Kéier géif kommen. An d'Waarden huet sech gelount. Et geet hei drëms, dass een d'Bauspuervertrag och an Zukunft kann notzen, fir an eng Fotovoltaikanlag ze investéieren. Dat ass wierklech eng ganz gutt Measure, déi mat deem heite Budget kënn. Gradewéi och, dass d'Revenuen aus klengen Anlagen net méi besteiert ginn. Dat sinn zwou Mesuren, déi wierklech eebe hëllef, fir dass mer déi Transition weiderbréngen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Wat dann d'Hëllef ugeet fir d'Entreprises: Am Kader vun all de Covidgesetzer hu mer nei Hëllef an gemaach, wat nohalteg Investissementer ugeet. Bon, mir mierken awer, dass déi verschidden Hëlleferegimier net ëmmer honnertprozenteg oder komplett ausgenutzt gi vun den Entreprises. Also musse mer kucken, dass mer och déi Hëllef fir d'Entreprisë vläicht nach méi effikass opstellen.

Wa mer nämlech wëlle kompetitiv bleiwen, da musse mer aus Lëtzebuerg wierklech e Land maache vun de Klimasolutiounen. Mir müssen d'Entreprisë wierklech „fit for climate“ maachen an dofir brauche mer, an dorunner gëtt och geschafft, e richtige Klimapakt och mat den Entreprises. A mir musse kucken, eebe och steuerlech Avantagen nach weider auszebaue fir d'Entreprises, déi an d'Energietransition investéieren, a parallel dozou och d'Chancë wierklech vun der Digitalisatioun a vun der Fuerschung voll ze notzen. An och mat deem heite Budget ginn d'Depensen an der Digitalisatioun weider an d'Luucht.

Wa mer iwwer eng zukunftsfaeg a klimaneutral Economie schwätzen, musse mer natierlech och iwwert d'Finanzplaz schwätzen! Mat engem Drëttel vun dem PIB wësse mer einfach, dass et en immens wichtege Sektour eebe ass an dass mer e wierklech an där heiter Hisiicht och nach méi fit fir d'Zukunft musse maachen.

De Pierre Gramegna huet de Moie gesot - an ech wëll eebe nach eng Kéier op eng Ausso vun em zrëckkommen, déi ech och ënnerstëtzen -, dass mer haut, wat d'Finanzplaz ugeet, besser dostéinge wéi am Ufank vun där heiter Koalitioun. Mir hätte se gutt opgestallt. Si géif gestärkt an hält och besser Perspektiven. Gläichzäiteg sot de Finanzminister awer och, an dat deelen ech och, dass mer déi Transition trotzdem an Zukunft nach besser organiséiere missten, fir dass mer eebe méi Kapital an déi gréng Transition mobiliséiert kréien, also déi Dynamik, déi mer hunn, oprechterhalen, awer nach weider denken.

E wichtegt Instrument, dat mer Sägefouert hu mat dem leschte Budget, war d'Taxe d'abonnement réduite, wat e gudde Schrëtt war. Bon, elo hu mer natierlech déi ganz Diskussioun ronderëm d'Taxonomie. Et ass gutt, dass fir de Moment, wann een et positiv gesäit, Gas an Atom net dra sinn, well dat sinn eebe grad och keng nohalteg an och keng Zukunftstechnologien!

E Punkt, deen awer, mengen ech, wichteg ass, ass, dass mer déi Klimafinanzrisiken an den nächste Joren nach méi eescht huelen. D'Zentralbank huet och an hirer „Revue de stabilité financière“ gesot, dass do nach Loft no uewe wär. Si huet gesot, dass eebe eng Etüd vun de Banken an och de Fongen a puncto Strategien, fir d'Secteuren a Richtung niddregen CO<sub>2</sub> ze dirigéieren, nach „timide, voire inexistante“ wär (veuillez lire: dass eebe laut enger Etüd zu de Banken an och de Fongen d'Entwécklung a puncto Strategien, fir d'Secteuren a Richtung niddregen CO<sub>2</sub> ze dirigéieren, nach „timide, voire inexistante“ wär), an dass do eebe och e Risiko wär fir ons Finanzplaz.

Also: Klimarisike musse mer nach méi genau analyséieren a musse wierklech dem Finanzsektor, mengen ech, och dobäi hëllef.

Am Moment kenne mer virun allem déi eng Etüd vu Greenpeace, déi et gëtt, déi déi 100 gréisste Fongen analyséiert huet mat dem Resultat, dass mer do bei deenen 100 gréisste Fonge bei engem 4-Grad-Zenarion landen. A mir wëssen alleguerten, mir misste

bei engem 1,5-Grad-Zenario sinn. Do musse mer also nach dru schaffen.

Mee et feelt eis awer do eigentlech un Donnéeën. An dofir mengen ech, dass et och duerchaus am Kader vun der Sustainable Finance Strategy vläicht sënnavoll wär fir ze kucken, dass een do méi e komplett Bild dervu kritt, eebe am Sënn, dass mer méi Transparenz an och méi Risikoidentifikatioun hunn. Well ech mengen, dass dat gekoppelt och u méi Incentive fir ...

(*Interruption*)

... wierklech gréng Investissementer ...

A wann ech soe „wierklech grénger“, da mengen ech wierklech grénger a kee Greenwashing. Ech mengen, dass déi Fro vun der Transparenz, der Risikoidentifikatioun zesumme mat de richtigen Incentiven dee weidere Boost ass, dee mer brauchen, fir dass mer déi Transition och op der Finanzplaz nach besser hikréien.

Wann ech iwwert d'Economie schwätzen, wëll ech och kuerz op d'Landwirtschaft agoen, wou ech och mengen, dass et immens wichteg ass, dass mer se an Zukunft nach besser opstellen. Mir hunn an der Pandemie gewise kritt, wéi wichteg de Konsument regional a qualitativ héichwäerteg Liewensmëttel sinn. Dat kann een illustréieren un dem Beispill vun dem Bio, wou mer bei den Haushalter am Moment Depensen hunn, déi bei 12 % leien. E Beräich, wou mer awer nach vill op Importer ugewise sinn.

Gradsou gutt mierke mer, dass mer immens vill importéiere müssen, wat Geméis an och Uebst ugeet; wat zum Deel och normal ass, quitte dass ech mengen, dass et do nach Sputt no uewe gëtt. Bei der Mëlch a beim Fleesch si mer wierklech op déi ganz Exporter ugewisen. Dat si Marchéen, déi awer volatill sinn, déi zum Deel emol esou, emol esou ausgesinn. An et gëtt och Ënnerscheeder bei de verschiddene Produiten. Op alle Fall mierke mer, dass mer iwwert de Wee vum Export net déi Präisser garantéiert kréien, déi mer brauchen, fir dass eis Bauere wierklech gutt an uerdentlech dervu liewe kënnen.

Mir müssen elo bei der Ëmsatzung vun der gemeinsamer Agrarpolitik an och dem nationale Strategieplang respektiv de Gesetzer, déi mer duerno wäerten doraus maachen, kucken, dass mer d'Landwirtschaft zukunftsorientéiert opstellen, dass mer déi Intensivéierungstendenzen ëmdreien, esou wéi d'Kommissioun eis et och mat op de Wee ginn huet an eisen Hausaufgabe fir den nationale Strategieplang.

Mir musse kucken, nach méi op d'Qualitéit ze goen an op d'Regioun ze goen, ze diversifizéieren a manner op den Export ze goen. Mer müssen d'Prioritéit wierklech op eng buedemgebonne Landwirtschaft leeën, déi mat der Natur schafft, mat där Natur schafft, déi hir zur Verfügung steet, am Kreeslaf, a kucken, dass mer Nährstoffbilanzen hunn, déi an der Rei sinn. An esou stelle mer och eis Betriber besser fir d'Zukunft op.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, en attraktiivt Land heescht awer och e Land, wou mer eis séier, praktesch an nohalteg vun A op B beweegt kréien, mat engem gudden ëffentlechen Transport, enger gudder Vëlos- a Foussgängerinfrastruktur. Och dat sinn nämlech Facteure fir d'Kompetitivitéit vun eisem Land. Do musse mer investéieren, investéieren, investéieren!

An dat maache mer jo och. Dat maache mer och erëm mat deem heite Budget. Mir hunn en héijen Investissement an d'Schinn. Mir si souguer op europäeschem Niveau dat Land mat den héchste Pro-Kapp-Schinnen-Investissementer. An déi Depensë klamme bis d'Joer 2024 op 600 Milliounen d'Joer. Mir hunn dëst Joer, a mir passe se nach weider un, Elektroprimmen, déi mer och elo nach méi cibléiert maachen, och méi sozial gerecht maachen, plus de gratis ëffentlechen Transport. An et gëtt weider dru geschafft, den Tram an all Himmelsrichtungen auszeweiden.

En attraktiivt Land mat enger kompetitiver Economie heescht awer och, dass mer de sozialen Zesummenhalt an onser Gesellschaft garantéieren. Well just e Land mat enger politescher a sozialer Stabilitéit kann och ökonomesch kompetitiv sinn. Allerdéngs si mer konfrontéiert mat enger Situation, wou mer klammend Ongläichheeten hunn. An ech mengen, dass dat och zum Deel d'Stabilitéit a Gefor bréngt.

Mir gesinn, dass d'Revenuen an d'Revenuen aus dem Patrimoine ëmmer méi wäit auserneeginn. Den Aarmutsrisiko, dee klëmmt och. Quitte dass dese Budget och dorop natierlech Äntwerte gëtt. Mee mir stellen awer fest, dass d'Effikassitéit vun onsem Steier- a Sozialsystem ofhëlt. An do musse mer dru schaffen.

Mir Gréng soen op alle Fall: „Mir müssen déi kleng Revenuen entlaaschten!“ An de Pierre Gramegna sot et och de Moien. Hien huet een Instrument ervirgestrach, an do deelen ech och seng Aschätzung: Dat ass nämlech de Steierkredit. Dat ass wierklech e gutt Instrument, wou een och ganz ci-





bléiert Saache ka maachen, och notamment wat d'Entlaaschtung ugeet. A mir hunn dat op verschid-dene Plaze gewisen.

Wou een dat dann onser Meenung no och muss maachen, ass ënner anerem bei de Monoparentalen. Et soll een och driwwer nodenken, fir och d'Al-location de vie chère an Zukunft nach méi breet op-zustellen. En anere Punkt ass, e bessert Gläich-gewicht tëscht der Besteuerung, déi aus der Aar-becht an dem Kapital kënnt, hinze kréien.

Mee alles dat sinn och Punkten, déi mer méi detail-léiert bei där schonn e puermol ugekënnegter Steuerdebat wäerte beschwätzen. Ech hoffen, si léisst net allze laang op sech waarden a mir kënnen dann och wierklech dat doten am Detail eng Kéier hei an der Chamber maachen, an net eréischt Mo-kuchsdag, mee éischter an den nächste Méint.

**(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)**

Woubäi ech da géif bei de Logement kommen. Och do hu mer festgestallt, dass an dem Krisejoer d'Präisser weider an d'Luucht ..., d'Hausse weider-gaangen ass, trotz Pandemie. Am leschte Joer war et ëm 15 %. Bon, mir mierken, dass einfach ver-schidde Leit dofir net hei wunne bleiwen, op d'Grenz plënnerechen oder vläicht et emol guer net op Lëtzebuerg kommen. Also mierke mer: Och de Logementsproblem, d'Logementskris beanträchtegt ons Kompetitivitéit.

Quitte dass mer natierlech och an deem heite Bud-get wierklech weiderhin en héijen Invest hunn an d'ëffentlech Wunnengen. Also, de Paradigmewies-sel vun dem grénge Logementsminister gëtt och mat deem heite Budget erëm weidergefouert. Am nächste Joer soll jo och eng Besteuerung vun net bebautem Terrain an dem Perimeter kommen, gradewéi eng Besteuerung vum Leerstand. Déi Instru-menter sollen op alle Fall emol op de Wee bruecht ginn. Mir kënnen als gréng Fraktioun just d'Regierung derzou motivéieren, fir dass se do esou séier wéi méiglech schaffen.

Also am Logement, wéi gesot, un de Steierschrau-wen dréien an anersäits och kucken, dass mer an den nächste Joren dee Budget garantéiert kréien, dee mer brauchen.

Bon, mir hunn natierlech och zu Lëtzebuerg eng ganz Rei Steuerbegënschtungen. Bon, déi heizen d'Demande weider un an d'Präisser ginn doduerch weider an d'Luucht gedriwwen. Dat seet ons d'OCDE och. Mir mengen, dass een déi éischter sollt reduzéieren respektiv ofschafen. Ech sinn do also net mat jiddwerengem d'accord, deen déi zum Deel weider wëllt ausbauen. Besser ass, dass mer kucken, amplaz dass mer nach méi Steuerbegënsch-tegung ginn, dass de Staat déi Suen investéiert an abordable Wunnraum, deen och längerfristeg do bleift.

Beim Amortissement accéléré hu mer mat dem leschte Budget scho licht en éischte Schrëtt ge-maach. Mir mengen awer, dass een do sollt méi wäit goen. Et kann een och nach aner Beispiller nenne vun deene Steuerbegënschtungen, wou een an onsen Aen an den nächste Jore sollt dru-gen: d'Ofschreiwung vun den Zënse bei Loca-tiounswunnengen, wou et am Moment kee Plaffong gëtt, respektiv wéineg Besteuerung vun de Plus-value-immobiliären.

Déi Steuerbegënschtungen nämlech muss een och, mengen ech, ëmmer an de Kontext setzen do-vun, dass dat Avantagé sinn, déi aner vläicht méi sënnavoll Steueravantagé bremsen. Ech soe Steuer-avantagen, déi een huet, wann ee säin Haus an eng Gestion locative sociale gëtt, respektiv den Amor-tissement accéléré bei den energieetesche Renova-tiounen.

Also muss mer kucken, dass mer d'Investissemen-ter, déi mer an de Logement maachen, méi gerecht besteieren, an eeben och kucken, dass mer dee Shift och hikréien, dass net nëmmen am Moment dat Ongläichgewiicht do ass vun de Renditen, déi een huet, wann een an de Logement investéiert, mee dass mer kucken, dass mer och déi Investisse-menter nach méi an dat produktiivt Kapital era-kréien an dass mer esou och d'Klimatransitioun besser ënnerstëtzen.

Déi Iddi, déi de Moien och nach eng Kéier opkomm ass vum Gilles Roth, ech nennen et dann eng „ökolo-gesch Loi Rau“, ass op alle Fall eppes, wat mir als Gréng och ënnerstëtzen an eng sënnavoll Saach fan-nen.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Très bien!

■ **M. François Benoy (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Hären, en attraktiivt Land mat en-ger kompetitiver Economie heescht awer och, dass mer e Bildungssystem garantéieren, dee béid Profil-er férdert, déi eis Economie brauch, an dass mer all de Kanner déi selwecht Chancë ginn. Mir liewen zu Lëtzebuerg an eng vun eise Stärkten ass déi multikulturell Gesellschaft, déi mer hunn. Gläichzäi-teg brauche mer also awer och e Bildungssystem, deen deem nach méi Rechnung dréit.

Eng kompetitiv Economie ass eebe grad och ugewi-sen dorop, dass de Bildungssystem och déi Leit iwwer-

wert, soen ech, déi gebraucht ginn. Mir hunn ein-fach e Mangel am Handwierk. Mir hunn e Mangel u Spezialisten. Mir hu vill Leit, déi awer net zu deem Ofschloss kommen, dee se brauchen. Dat hëlleft eis och net, fir eis Economie besser opzustellen oder méi kompetitiv ze sinn.

Ech begrëissen natierlech déi Investissementer, déi an de Bildungsberäich gemaach ginn, déi och nach weider mat deem heite Budget an d'Luucht ginn. Mir müssen awer och gesinn, dass d'sozioekonome-sch Facteure wierklech d'Resultater vun de Schüler a Schülerinnen determinéieren, dass mer Sproochebarriären hunn an onsem Bildungssystem vu Kanner mat Migrationshannergrond, dass mer Schwieregkeeten hu fir d'Leit fir d'Insertion profes-sionnelle.

Och dee rezenten nationale Bildungsbericht schwätzt an deenen heite Punkten nach eng Kéier vun enger Verstärkung. Also gesi mer, dass eise Bildungssystem eigentlech net déi Äntwerte gëtt, déi mer bräichten, fir der sozialer Diversitéit vun ei-sem Land gerecht ze ginn.

Vläicht zwee, dräi Elementer, déi ech beim Liese vum Bildungsbericht bemierkt hunn. E seet eebe grad och, dass d'Inegalitéite grad beim Passage an de Secondaire sech nach eng Kéier verschäerft hunn. A si soen do, dass gréisser Reformen néideg sinn. Mir Gréng plädéieren do fir eng méi laang Scolari-téit.

E seet genau sou gutt, dass déi vill Sproochen, déi am Bildungssystem musse geliwwert ginn, en Han-dicap ass. A se soen am Bildungsbericht, dass mer do méi Souplesse a méi Diversitéit brauchen an dem Choix vun de Sproochen. Ech mengen, dass ee Problem, dee mer hei hunn, wierklech d'Alphabeti-séierung op Däitsch ass, wou mer müssen driwwer kucken, ob dat ëmmer nach dat ass, wat wierklech passt zu där Situatioun, déi mer zu Lëtzebuerg hunn.

Här President, Dir Dammen an Hären, selbstver-ständlech brauche mer och, an dat ass den A an O, gutt Staatsfinanzen, fir dat alles ze finanzéieren. Do ass et virun allem wichtig, dass mer kloer Prioritéi-ten an eisen Investissementer setzen a Richtung Zukunft, also: Klimaschutz, Ëmweltschutz, Loge-ment, Bildungspolitik. An ier een elo iwwert d'Kier-ze vun Dépensë schwätzt, mengen ech, dass et wierklech wichtig ass, an ech hunn dat och a men-gem Budgetsrapport d'lescht Joer gesot, dass mer iwwert d'Steieviirdeeler schwätzen an déi wierklech genau am Detail analyséieren.

Am Budget sinn eng ganz Rei Dépense-fiscallen op-gelëscht a chiffriert op Gréisstenuerdnung vun 1 Milli-ard. Mee et muss een einfach soen, dass se och do net alleguerten derbäi sinn. An ech mengen, dass et wichtig ass, dass mer déi nach besser eva-luéieren an ëmmer erëm drop evaluéieren, ob se hi-ren Zweck nach erfëllen, a se, le cas échéant, och upassen.

Well et geet hei, wéi gesot, ëm vill Suen. Ech hunn de Chiffer vun 1 Milliard genannt. Wa mer aleng vum Amortissement accéléré schwätzen, geet et hei ëm en Déchet fiscal vu 50 Milliounen. Et ass jo och en Instrument ... Ech mengen, wann een haut de Leit hei nolauschtert, ginn eng ganz Rei Leit awer och dervun aus, dass dat en Instrument ass, wou een an Zukunft soll driwwer nodenken, wéi een domadder nach ëmgeet.

Wann een iwwert d'Budgetisatioun schwätzt, da mengen ech, dass et wichtig ass, dass een ëmmer erëm iwwert d'Budgetisatioun no den Objektiver schwätzt. Well een awer trotzdeem zu Lëtzebuerg, wann een de Budget liest, net ëmmer genau er-kenne kann, awëfern ... fir déi eenzel Zilsetzungen ze evaluéieren.

Mir hunn am Budget zwar kloer ... De PNEC zum Beispill. Do gesi mer genau, wivill Suen draflëissen. Et ass awer vläicht och interessant ... Zum Beispill d'Digitalisatioun ass och e Schlagwuert, wat ëmmer méi fält. Ech mengen awer, mir hu keng genau Oplëschung, wou een alles dat zesumme wierklech genau gesäit a virun allem och, fir et an der Pers-pektiv vun de Jore kënnen ze analyséieren.

Am leschte Budget, wann ech mech richtig erënen-nen, stoung och dran, dass géif gekuckt ginn, fir d'Indicateure vum PIB bien-être do eranzehuelen. Ech mengen nach wie vor, dass dat eppes ass, wat immens wichtig ass, wann et ëm d'Budgetisatioun no Objektiver geet, dass ee sech déi Krittären nach méi systematesch an d'Budgetspolitik eranhëlt.

Eng Saach, déi ech och ganz spannend fannen, déi a Frankräich gemaach gëtt, ass, dass se all Joer e Rapport maache wierklech iwwert d'Klimafrënd-lechkeet vun de gesamte Staatsfinanzen, hein. Well et geet jo just ëm méi wéi déi reng PNEC-Ausgaben, wann een eng komplett Evaluatioun mécht vun der Klimafrëndlechkeet vun dem Budget.

Da kréie mer jo och elo endlech hoffentlech den Nohaltegkeetscheck. An ech mengen, dass et natierlech och grad an de Steierfroen oder an de Budgetsfroe wichtig ass, dass mer do deen Nohal-tegkeetscheck dann och notzen.

D'budgetär Moyenen, Dir Dammen an Hären, Här President, ginn ons d'Méiglechkeeten, fir d'Defien, déi ech genannt hunn, unzegoen, fir e Kader ze schafen, fir dass onst Land méi attraktiv an och méi kompetitiv ass. An de Staat huet eeben do wierklech e grouse Rôle. Voilà, mir kënnen déi De-fien net dem fräie Marché iwwerloossen, well mir brauchen hei eebe grad déi Investissementer, déi néideg sinn. Mir müssen och kucken, dass mer déi Recetten erakréien, fir se ze finanzéieren. Mir brau-chen hei e Staat, deen e staarke Rôle iwwerhëlt, fir dass mer esou zesumme méi staark aus där Kris erauskommen, wou mer eigentlech ganz gutt als Land derduerchkommen.

Mir schaffen engagéiert un engem attraktive Land, mat enger héijer Liewensqualitéit fir d'Bierger a gudden Opportunitéite fir d'Entreprises; mat enger Economie, déi sech a Richtung Zukunftsfäegkeet opstellt, Richtung Klimaneutralitéit opstellt, sief et an der Industrie, am Finanzsecteur oder och an der Landwirtschaft; mat enger Mobilitéit, déi jidderee sécher, séier an nohalteg vun A op B bréngt; mat engem Steier- a Sozialsystem, deen Ongläichheeten ofbaut an déi geziilt ënnerstëtzt, déi et och brau-chen; mat engem Wunnengsmarché, dee jidderen-gem bezuelbare Wunnraum garantéiert, a mat en-gem Schoulsystem, deen all Kand d'Chance gëtt, sech ze entfalen, an déi Profiller férdert, déi d'Eko-nomie och brauch.

Dëse Budget ass an der Kontinuitéit vun alleguerten deenen Ziler. An et gëllt elo, iwwert dëse Budget eraus awer och dat Ganzt weiderzedenken. Wa mer dat alles hikréien, da bleiwe mer kompetitiv an at-traktiv a mir bereeden d'Land zesummen op d'E-rausfuerderunge vun der Zukunft vir.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Benoy. An nächsten ageschriwwene Riedner, dee leschten ageschriwwene Riedner fir haut, ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Max Hahn (DP).**- Merci, Här President. Fir d'zweite Kéier schonn hannerenée steet de Staats-budget am Zeeche vun der sanitärer Kris. Eng Kris, déi eist Liewen elo scho während bal zwee Joer fest am Grëff huet. Eng Kris, déi emol méi, emol man-ner akut war, mee ni wierklech fort war. D'Infektions-zuele klammen nees op en Neits, d'Spidolsbetter fëlle sech an et verbreede sech nei Varianten, mat deenen een net gerechent hat. Mir sinn nach net iwwert de Bierg.

Net iwwert de Bierg si mer och bei Wäitem nach net a munch aneren Dossieren. Ob mer vun der Kli-makris schwätzen, déi sech ëmmer méi staark, och bei eis, bemierkbar mécht, oder vum Logements-problem, duerch deen ëmmer méi grouss Deeler vun der Bevëlkerung sech den Dram vun den ee-gene véier Wänn net oder bal net méi leeschte kën-nen.

Och dëst si wichteg Sujeten, déi den Diskussioun-e vun haut hire Stempel opdrécken. Och dëst si Pro-blemer, déi eist Liewe fest am Grëff hunn a mat deene mer dagdeeglech konfrontéiert sinn. Och dëst sinn Defien, déi d'Leit ëmmer méi konkret ze spiere kréien. Defien, déi d'Leit belaauchten an déi e groussen Impakt op d'Liewensqualitéit hei zu Lët-zebuerg hunn.

D'Erausfuerderunge si grouss. Ni war et esou wich-teg, de Leit Léisungen ze bidden a konkret Pisten opzeweisen, wéi mer dës Erausfuerderunge meeschtere wëllen. Ni war et méi wichteg, dass d'Politik engagéiert Decisiounen hëlt, fir d'Zu-kunftschancë vun den nächste Generatiounen ze garantéieren, an ni war et méi wichteg, dass d'Re-gierung de Wee zeechent, wéi mer de Wuelstand vum Land ofséchere kënnen.

Domat mengen ech net just de materielle Wuel-stand, mee och dat, wat ee generell als Liewens-qualitéit versteet, also d'Work-Life-Balance, d'Zäit fir sech a seng Famill, Zouversicht a Vertrauen, dass et eis muer och nach gutt zu Lëtzebuerg geet. Kuerz: de Bien-être vu jidderengem. Dat alles ass elementar fir eis als Demokratesch Partei.

De Budget ass dat wichtigst Gesetz vum Joer. Hei-madder setze mer d'Jalonen, wéi mer konkret viru-komme wëlle bei de wichtige Froen, déi d'Bierger beschäftegen an déi bestëmmen, a wat fir engem Land mir och an den nächste Jore liewe wëllen. Hei weist sech, wou d'Regierung d'Prioritéite setzt a wéi déi verschidden Iddien an Annoncë reell ëmge-sat ginn.

An engem Kontext, an deem eis Staatsfinanze lues ufänken, sech ze erhuelen, quitte dass se nach ëm-mer um wirtschaftlechen Abroch vun der Pandemie ze knaen hunn, gëllt et dowéinst, déi ëffentlech Gel-der geziilt anzesetzen. Mat engem Defizit am Zen-tralstaat dëst Joer vun 1,4 Milliarden an dat nächst Joer vun ëmmerhin nach 1,2 Milliarden ass et net, fir mat der Strenz iwwert d'Land ze fueren. Et ass, fir eng responsabel an equilibréiert Budgetspolitik

ze maachen, ouni awer op deene falsche Plazen ze spueren.

D'Investitiounen gi weider konsequent héichgehalen, fir eis Gesellschaft méi nohalteg ze gestalten, déi sozial Gerechtegkeet an de sozialen Zesummenhalt ze stäerken an d'Suerg Nummer eent vun de Lëtze-buerger endlech besser an de Grëff ze kréien: de Logement.

Här President, de Klimawandel ass virun eiser Hausdier ukomm. Kee kann dat bestreiden. Et brauch ee sech nëmmen déi lescht puer Joer unze-kucken: ee Wiederextrem nom aneren - Drächen-ten, Iwwerschwemmungen, Canicullen, Bësch-bränn -, heiheem an iwwerall op der Welt. De sech-ste Rapport vum IPCC, deen dëse Summer virge-stallt gouf, ënnersträicht nach eemol op dat Däit-lechst, dass et eng Minutt virun zwielef ass. Dat, wat während Joerzénge leigelooss gouf, muss elo a Rekordtempo erreecht ginn. Wat an der Vergaa-genheet verpasst ginn ass, kréie mer net réckgän-geg gemaach. Et ass elo, wou et zielt! Et bleiwen eis nach 10, 15 Joer, fir wierklech substanzuell Re-duktiounen an eisen Emissiounen hinze kréien.

Dat ass keng kleng Aufgab. De Klimawandel stellt eis komplett Aart a Weis ze liewen, eis fortze-beweegen, ze wunnen an ze schaffen a Fro a ver-laangt nei Léisungen. Mee dat ass kee Grond, de Kapp an de Sand ze stiechen. D'Léisunge si be-kannt, de Wee hin zu enger klimaneutraler Welt ass gewosst. Als DP hu mer ëmmer gesot: „Mir müssen d'Leit mathuelen. Mir müssen eng Klimapolitik mat de Leit maachen, net géint d'Leit.“ Ma déi grouss Majoritéit vun de Leit ass bereet, mat op dee Wee ze goen. D'Ëmfore weisen: Ëmmer méi si sech där grousser Aufgab bewosst, virun där mir als Gesell-schaft stinn. Net just déi Jonk maache sech Suer-gen ëm hir Zukunft. Och ëmmer méi Eltere froe sech: „A wéi enger Welt wäerten eis Kanner grouss ginn?“

D'Regierung huet an de leschte Jore vill Efforte ge-maach. Mir hunn zu Lëtzebuerg e Klimagesetz, dat den institutionelle Kader setzt fir sécherzustellen, dass dës Transitioun geléngt. Eis Klimaziler si ge-setzlech verankert an och fir déi eenzel Secteure gëtt et ganz kloer Virgaben.

En zentrale Volet am Kampf géint de Klimawandel ass den Ausbau vun den erneierbaren Energien. Sonn a Wand stinn onbegrenzt zur Verfügung, mir brauche se just ze notzen. An de leschten aacht Joer huet sech d'Energie, déi op deem Wee zu Lët-zebuerg produzéiert gouf, bal verdräifacht. Dat lescht Joer hunn déi erneierbar Energië fir déi éischte Kéier den Energiebedarf vun alle Stéit zu Lëtzebuerg gedeckt.

Dat ass awer eréischt den Ufank. D'Regierung huet e Solarkadaster erstallt. Zu Lëtzebuerg hu mer nämlech nach e ganz grousst Potenzial, wat d'Foto-voltaikanlagen ugeet.

Fir dëst Potenzial ze mobiliséieren, ënnerstëtzt de Staat d'Installatioun vu Fotovoltaikanlage vu Privat-leit mat Subventiounen. Gläichzäiteg kritt een eng attraktiv Einspeisevergütung gebueden, wann een de Stroum an d'Netz aspeist. Wie säin erneierbare Stroum selwer consomméiere wëll, kann dat maa-chen. Och hei ass en neie gesetzleche Kader ge-schaf ginn, fir dëst ze vereinfachen.

Dobäi kommen eng ganz Partie grouss Fotovoltaik-projeten, déi déi ëffentlech Hand ausgeschriwwen huet. Dës Efforte sollen an Zukunft weidergefouert an intensivéiert ginn. Allerdéngs ass et esou, dass mer besonnesch bei der Wandenergie ëmmer nees mat Retarde konfrontéiert sinn, déi op ze laang an ëmständlech Prozeduren zréckzeféiere sinn. Fir beim Ausbau vun erneierbaren Energien nach eng Schëpp dropzeleeën, huet de Premierminister uge-kënnegt, dass d'Geneemegungsprozeduren däitlech acceleréiert solle ginn. Dat kënne mer als DP na-tierlech nëmme begrëissen.

D'Regierung ënnerstëtzt a begleet d'Leit beim Ëm-klammen op klimafrëndlech Alternativen am All-dag. Si mécht dat bei den erneierbaren Energien, si mécht dat awer och bei der Mobilitéit. Sou gëtt et eng ganz Rei Primmen, fir d'Leit ze encouragéieren, op eng méi nohalteg Form vun der Mobilitéit ëmzeklappen, sief dat déi aktiv Mobilitéit wéi Vëlo oder Pedelec oder den Elektroauto. De Staat bitt generéis Primmen, déi och deementspriedend Succès bis elo haten.

Zousätzlech dozou kann een och nach vun enger Ënnerstëtzung fir d'Installatioun vun enger Luedsta-tioun bei sech doheem profitéieren. Fir eis ass dat kloer dee richtige Wee, deen och an Zukunft wei-derverfollegt muss ginn. Well och wann an Zukunft méi op Multimodalitéit gesat wäert ginn an den Auto net méi eleng „das Maß der Dinge“ soll sinn, ass et an eisen Aen evident, dass d'Individualmobi-litéit och widerhin eng ganz zentral Roll spillt a fir vill Leit den Auto onëmgängelech bleift.

Als éischt Land weltwäit huet Lëtzebuerg iwwer-deems dee gesamten ëffentlechen Transport op sengem Territoire gratis gemaach. Domadder hu mer e staarkt Zeeche gesat: Mir hunn ënnerstrach, wéi e Wäert mer Bus, Zuch an Tram ginn, wéi eng





wichtig Roll dës Transportmëttel fir eis an der Mobilitéitswend spillen. Dës Measure ass zousätzlech zum konsequenten Ausbau vun der Mobilitéitsinfrastruktur am ganze Land. An dofir gëtt dat eent net géint dat anert ausgespillt, mee mir maache béides zäitgläich.

D'Erweiterung vum Tramsreseau geet mat grouse Schrëtt virun. Aus der haiteger Linn vum Kierchbierg op d'Gare gëtt an den nächste Joren d'Rëckemuerch vun der Mobilitéit an a ronderëm d'Stad mat Antenne bis op de Findel, op Esch an op d'Arelers Strooss.

Donieft ginn och d'Investitiounen an d'Schinn weider héichgehal. Bis 2025 sinn net manner wéi 1,5 Milliarden Euro virgesinn, fir nei Infrastrukturen ze schafen, wéi zum Beispill déi nei Zuchstreck vu Beetebuerg an d'Stad, oder fir bestoend Infrastrukturen auszubauen an ze moderniséieren. Ech denken hei un d'Garen an der Stad an zu Ettelbréck, mee och den Ausbau vun de Parkingen zu Rodange, Miersch a Käerjeng-Suessesem, fir nëmmen déi ze nennen.

Här President, et wieren nach ganz vill Moosnamen an deem Kader ze nennen. De Kampf géint de Klimawandel beschränkt sech net op déi eng oder déi aner Measure, déi een hält, an de Problem ass geléist. De Kampf géint de Klimawandel erfuerdert, dass a ganz ville Beräicher geschafft gëtt, vill eenzel Mesurë geholl ginn, déi aneneegraifen an zesummegeholl eréischt hire vollen Impakt entfale kënnen. Huele mer nëmmen d'Waasserstoffstrategie, déi rezent virgestallt gouf, den Ausbau vun nationalen a kommunale Vëlospisten oder nach de Klimapakt 2.0 mat de Gemengen an de Klimapakt mat de Betriber. Dëst alles si wichteg Puzlestécker, ouni déi d'Transitioun net gelénge kann.

Ech wëll just nach op e leschte Punkt agoen: De Logement ass zu Lëtzebuerg dee Secteur, deen am zweetmeeschten Emissiounen verursaacht. Och hei muss mer an den nächste Jore komplett vu Mazout a Gas fortkommen. Lëtzebuerg huet schonn zënter Joren ee vun den héchsten Energiestandard fir nei Gebaier, ab 2023 gëtt dëst nach eemol verschäerft. Doduerch hu mir et fäerdegbruecht, dass iwwert d'Joren de Bestand geklommen ass, d'Emissiounen awer gläichzäiteg erofgaange sinn.

Technesch gesinn ass et net komplizéiert, klimaneutral ze wunnen an ze heizen. Eng gutt Isolatioun, eng Wärmepompe an am beschten nach Solarpannoen um Daach, fir de Strom fir d'Wärmepompe selwer ze produzéieren. An dat gëtt, wéi gesot, deemnächst Standard fir Neibauten.

Dee gréisste Chantier läit éischter bei den alen Haier. Och hei gräift de Staat de Leit ënnert d'Äerm, an zwar mat engem ganzene Katalog u Mesuren. Mat de Subventiounen vu „Clever wunnen“ a „Clever hëzen“ ënnerstëtzt de Staat souwuel d'Isolatiounsarbechte wéi och d'Uschafe vu klimafrëndlechen Heizsystemer. Wann een en plus eng al Mazout- oder Gasheizung ersetzt, kritt een nach eemol eng extra Primm.

Wa mer eis Ziler wëllen erreechen, muss jidderee säin Deel leeschten. Mir muss jidderee mat an d'Boot kréien. Nëmme esou kënnen mer sécherstellen, dass mer och an Zukunft an engem Land liewen, an deem et eis gutt geet.

Lëtzebuerg huet seng Klimaziler fir 2020 agehalen. Eis Emissiounen sinn ëm 22 % par rapport zu 2005 erofgaangen, woumat mer d'Zil vu minus 20 % largement erreecht hunn. Op dëser Trajectoire muss mer déi nächst Jore virufueren.

De PNEC definéiert d'Ziler, déi sech d'Regierung gesat huet, souwuel mëttel- wéi och laangfristeg. Et sinn ambitiéis Ziler, déi e groussen Effort fuerderen. Mee de PNEC proposéiert och konkreet Pisten, wéi mer dës Ziler erreeche kënnen. De Budget 2022 ass e Budget vun der Nohaltegkeet. D'Zuele schwätzen hei fir sech: Louche mer 2019, also virun der Pandemie, scho bei 445 Milliounen Euro un Investissementer eleng an der Klima- an Ëmweltpolitik, sou geet dës Chiffer zënterhier kontinuierlech an d'Luucht. De Budget fir dat nächst Joer gesäit 765 Milliounen vir, fir 2023 sinn 859 Milliounen agerechent a schlisslech 2024 komme mer op de Rekordmontant vun 975 Milliounen, also bal eng Milliard.

Dat weist méi wéi androcksvoll, dass Klimaschutz net just eng ganz grouss Erausforderung ass, déi et eeben net zum Nulltariff gëtt, et weist virun allem, dass dës Regierung bereet ass, als Lëtzebuerg Verantwortung ze iwwerhuelen an eise Baitrag voll a ganz ze leeschten, jo, eng Virreiderroll anzehuelen an alles drunzesetzen, eis Klimaziler ze erreechen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Max Hahn (DP).** - D'Wëssenschaft seet eis: Mir mussen déi Ziler sou séier wéi méiglech erreechen. Allerdéngs ass d'Zäitfënster, vun där mir nach viru Kuerzem ausgaange sinn, am sechste Rapport vum Weltklimarot méi kleng ginn. Mir kommen net derlaanscht, nach e weidere Gang eropzeschalten. D'Regierung ass sech däers och vollkomme be-

wosst. De PNEC bitt en zolidd Fundament fir eng ambitiéis Klimapolitik.

Dorop opbauend mussen awer weider Schrëtt fir déi nächst Joren decidéiert ginn. Schrëtt, déi vun engem gesellschaftleche Konsens gedroe solle ginn, a wou d'Bevëlkerung ganz direkt matagebonne soll ginn, fir dës Schrëtt auszeschaffen.

De Premier huet dowéinst a senger Ried zur Lag vun der Natioun d'Schafe vun engem Klima-Biergerrot annoncéiert. Dëse Gremium wäert aus 100 Bierger bestoen, déi representativ fir eis Gesellschaft sinn. Seng Roll wäert et sinn, iwwer Mesuren, déi iwwert de PNEC erausginn, ze diskutéieren an dës an der Chamber ze presentéieren. Dëst ass fir Lëtzeburger Verhältnisser eppes ganz Neies, dat et an där Form och nach net gouf.

Fir eis als Demokratesch Partei ass et awer dee richteg Choix, well mir et wichtig fannen, dass esou kruzial Froen och vun de Bierger matgedroe ginn. D'Regierung dekrétéiert net vun uewen erof, mee lauschtert op d'Leit an hält si mat.

D'Bekämpfung vun der Klimakris ass eng gesamtgesellschaftlech Aufgab, eng Aufgab, déi eis alleguer bis an de leschte Wénkel vun eisem Liewe betrëfft. An dofir si mer als DP der Meenung, dass d'Moosname géint de Klimawandel och vun engem breede Konsens an enger breeder Akzeptanz an der Populatioun gedroe mussen ginn.

Här President, ouni sozial Gerechtegkeet ass et schwéier, dass et eng Akzeptanz vun der Klimapolitik gëtt. Dat eent geet net ouni dat anert. Mir hunn zu Lëtzebuerg, wéi a villen anere Länner op der Welt, decidéiert, dem CO<sub>2</sub> e Präis ze ginn, nom Motto: „Wie verknascht, muss och derfir bezuelen.“ Dat ass dee klassesche Prinzip vum Pollueur-payeur.

Mir sinn als DP do dernieft der Meenung, dass mer net derlaanscht kommen, fossill Energie méi deier ze maachen, fir dass Alternative matzäite konkurrenzfäeg ginn. Nëmme wa gewëssen Technologie präislech net méi attraktiv sinn, entsteet genuch Drock, fir dass et sech rentéiert, aner Weeër ze sichen an nei Léisungen ze entwéckelen. Mir stinn dowéinst vollkommen hannert dem Prinzip vun enger CO<sub>2</sub>-Besteuerung, mee et ass wichtig, dass dës sozial verträglech gestalt gëtt.

Aus deem Grond hu mer hei zu Lëtzebuerg lues ugefaange bei 20 Euro d'Tonn am Joer 2021. E Montant, deen 2022 op 25 Euro an 2023 op 30 Euro wäert klammen. Am Verglach mam Ausland ass dat duerchaus ze vertrieeden. An Däitschland läit dee Präis aktuell bei 25 Euro, a Frankräich bezilt ee bal 45 Euro an den absolutte Spëtzerreider ass Schwede mat ronn 120 Euro.

Vun Ufank un ass awer gekuckt ginn, fir déi nei CO<sub>2</sub>-Bepreisung och sozial gerecht ofzefiedere. D'Zil vun dëser Measure ass et nämlech net, dass déi Stéit mat engem klengen Revenu nach zousätzlech belaauscht ginn. Grad déi Stéit mussen ënnert d'Äerm gegräff kréien, fir net op der Streck ze bleiwen. D'Regierung huet dofir de Crédit d'impôt ufanks vun dësem Joer ëm 96 Euro eropgesat. Gläichzäiteg ass d'Allocation de vie chère, déi 2020 scho verduebelt gi war, nach eemol ëm 10 % gehéicht ginn. Domadder, dat huet de Statec ausge-rechent, gëtt de finanziellen Impact vun der CO<sub>2</sub>-Bepreisung fir sozial schwaach Haushalter vollkommen neutraliséiert.

Aarmut oder de Risiko, an d'Aarmut ze rutschen, sinn och zu Lëtzebuerg en Thema, onofhängeg vun der Klimakris. Mir brauchen dofir e soziaalt Netz, dat enk genuch gestréckt ass, dass kee falegelooss gëtt. Mir mussen derfir suergen, dass déi Leit, deenen et net esou gutt geet, nees op hir eege Bee kommen. Mir si generell zu Lëtzebuerg gutt opgestallt. Dat heescht awer net, dass net nogebessert kann oder muss ginn.

D'Sozialpolitik ass a bleibt eng vun de Prioritéiten vun dëser Regierung. Duerch geziilt Geld- a Sachleeschungen huet d'Regierung deene Stéit, déi et am néidegsten hunn, déi lescht Joren ënnert d'Äerm gegräff, sief dat d'Reform vum REVIS, d'gratis Schoulbicher, 20 Stonne gratis Kannerbetreuung, d'Erhéijung vum Mindestloun, d'Subvention loyer, de gratis ëffentlechen Transport an net zulescht d'Steierreform, mat där virun allem kleng a mëttel Revenuen entlaascht gi sinn.

Während der Kris huet d'Regierung séier reagéiert an derfir gesuergt, dass keen am Ree stoe gelooss ginn ass. Sou konnt verhënnert ginn, dass aus der sanitärer Kris eng sozial Kris ginn ass. An och wa mer d'Pandemie nach net hanner eis hunn, konnt d'Wirtschaft sech an deene leschte Méint erhuelen an d'Chômagezuele sinn erofgaangen.

Domat si mer awer nach net um Zil ukomm. Et bleibt nach vill ze maachen an d'Regierung huet och schonn eng Rei nei Moosnamen ugekënnegt, fir de Leit weider ze hëllefen. De REVIS ass ufanks dës Joers zesumme mam Mindestloun an dem RPDG ëm 2,8 % an d'Luucht gaangen. D'Allocation de vie chère ass 2021 ëm 10 % gehéicht ginn a wäert dat nächst Joer nach eemol ëm mindestens 200 Euro eropgesat ginn.

Esou kommen d'Hëllef direkt an onkomplizéiert bei deenen un, déi se am meeschte brauchen. Donieft stoungen d'Kanner vun Ufank un am Zentrum vun der Regierung hiren Efforten, fir sozial Inegalitéiten ze bekämpfen. All Kand soll an dësem Land déi selwecht Chancen hunn, egal wat säin Hannergrond ass. All Kand soll d'Méiglechkeet hunn, a sengem Liewen ze reusséieren a säi Liewen esou ze gestalten, wéi et dat wëll. Dat dierf keng Fro vu Sue sinn.

Dofir huet d'Regierung decidéiert, d'Efforten, déi an der Vergaangenheet gemaach goufen, nach eemol ze verstärken. Zu de Sachleeschungen, déi schonn agefouert goufen, wéi gratis Schoulbicher an 20 Stonne gratis Kannerbetreuung, kommen zousätzlech Mesuren, fir d'Stéit finanziell ze entlaaschten an d'Familljen ze stärken.

Éischtens: Op den 1. Januar gëtt d'Kannergeld erëm un den Index gebonnen, wéi de Koalitiounsaccord dat virgesäit. Dobäi gëtt och d'Indextranche, déi den Oktober erfall ass, matberechsichtegt.

Zweetens: Well kee Kand aus finanzielle Grënn soll mussen op e waarmt a gesond Mëttegiesse verzichten, gëtt d'lessen an de Schoule fir déi nächst Rentrée gratis. Dës Annonce huet deen een oder deen anere vläicht erstaunt, mee och hei zu Lëtzebuerg gëtt et dat, dass Schüler mëttes näischt z'essen hunn oder eventuell just eng Tut Chipsen, well d'Sue feelen. Als DP fanne mer: Dat kann an esou engem räiche Land wéi Lëtzebuerg net sinn! Dowéinst ënnerstëtze mer déi Measure och voll a ganz. D'Famillje spueren esou pro Joer bis zu 846 Euro.

Drëttens: Ab der nächster Rentrée sinn d'Maison-relais während de Schoulwoche komplett fir näischt.

All dës sinn Hëllef, déi déi betrafte Stéit direkt spieren. Et sinn Hëllef, déi direkt gräifen a maachen, dass d'Leit méi um Enn vum Mount am Portmonni iwwreg hunn.

Här President, fir dass et sech gutt liewe léisst, ass finanziell Sécherheet déi éischt Viraussetzung. Do gëtt et keen Zweifel. Et ass der Regierung dowéinst e besonnescht Uleies, d'Aarmut ze bekämpfen a sécherzustellen, dass zu Lëtzebuerg keen duerch dat soziaalt Netz fällt. D'Beméie vun der Regierung, déi niddreg a mëttel Akommiss ze entlaaschten duerch déi ënnerschiddlechst Moosnamen, duerch Geld- a Sachleeschungen, zitt sech wéi e roude Fuedem duerch d'Sozialpolitik vun de leschte Joren.

Et ass awer och wouer, dass Liewensqualitéit sech net op dat Materiellt eleng beschränkt. Zäit fir sech a seng Famill, d'Flexibilitéit, Aarbecht a Beruff ënner een Hutt ze kréien, d'Fräiheet, säi Liewen esou ze gestalten, wéi ee wëll, dat alles ass genau esou wichtig a si genau esou wichtig Viraussetzung fir eng gutt Liewensqualitéit.

De klassesche Liewensentwurf, bei deem deen ee schaffe geet an deen aneren doheem bei de Kanner bleibt verbonne mat enger strikter Rollenopdeeling tëscht de Geschlechter, interesséiert hautdesdaags déi weínegst. D'Frae wëllen a sollen och schaffe goen, fir selwer onofhängeg am Liewen ze sinn. An der Vergaangenheet war et nämlech dacks esou, dass, wa Koppelen auserneegaange sinn, d'Fra mam Fanger am Mond dostoung, well si net geschafft huet a sech ëm de Stot gekëmmert huet. Mee och ëmmer méi Pappe wëllen net just d'Roll vun Ernärer spillen, dee seng Kanner just seelen zu Gesiicht kritt. D'Pappe vun haut wëllen do si fir hir Kanner, si wëlle sech bedeelegen un der Erzéiung an Zäit mat hire Kanner verbréngen.

Als DP si mir der Iwwerzeegung, dass ee sech net soll tëscht Beruff a Famill mussen entscheiden. Et dierf keng Fro si vum „Entweeder-oder“, mee vum „Souwuel-wéi-och“.

Dës Regierung huet dowéinst de Pappecongé erhéicht, deen zënterhier en immense Succès kann huet. An och vill Elteren an och vill Pappe profitéiere vum neie flexibele Congé parental, fir sech esou ze organiséieren, wéi et hinne an beschte passt. Zäit ass dat Wichtigst am Liewen: Zäit fir mat senger Léifsten ze verbréngen, mat der Famill, mat de Kolleegen oder Zäit fir sech selwer.

Mee Zäit ass och eng vun deene Saachen, déi, wa se bis fort sinn, een net méi erëmkritt. Dofir gëllt et, seng Zäit gutt ze notzen. Als DP wëlle mer dowéinst, dass d'Leit nees méi Zäit hunn. Dat geet virop iwwer eng gutt Work-Life-Balance. D'Aarbecht ass wichtig. An et ass wichtig, eng Aarbecht ze hunn, déi engem Spaass mécht an een erfëllt.

Mee mir liewen awer net just fir ze schaffen. An dofir begrëisse mer ausdrécklech, dass d'Regierung wëlle huet, d'Work-Life-Balance weider ze stärken. De Premier huet ugekënnegt, dass e Work-Life-Balance-Pak op d'Bee gestallt soll ginn, fir et de Leit ze erméiglechen, Beruff a Famill nach besser ënner een Hutt ze kréien. Dëse soll ënner anerem eng méi gerecht Rollenopdeeling an de Famillje fërderen.

Zousätzlech dozou ass virgesinn, e Recht op Deelzäit anzeféieren. Ech hunn et gesot: D'Liewensmo-

deller sinn haut anescht wéi an der Zäit. Vill Eltere wëilten zum Beispill gär alle béid just 75 % schafen, fir méi Zäit doheem kënnen ze verbréngen. An dann ass et och eng Fro vum Liewensofschneët: Wann d'Kanner méi kleng sinn, wëll ee vläicht méi doheem sinn. Wann d'Kanner aus dem Haus sinn, wëll ee vläicht erëm ganz schaffe goen. E Recht op Deelzäit ass an eisen Aen dofir nëmmen zäitgeméiss an och sënnvoll, dat ëmsou méi well jo de Staat d'Cotisatiounen an d'Pensiounskeess iwwerhëlt an och d'Leit d'Garantie kréien, während enger gewëssener Zäit erëm zrëck an hir voll Tache kënnen ze kommen.

Méi Zäit hunn oder seng Zäit méi sënnvoll notzen, dat bedeit och manner Zäit duerch onnéideg Saachen ze verbëtzen. Ech denken do notament un déi Zäit, déi een all Dag onnëtz am Stau steet. Mir hunn an der Pandemie gesinn, dass den Teletravail fir vill Leit fonctionéiert an eng gutt Ergänzung zum normale Schaffen um Büro duerstellt. Wuelgemierkt, ech soen Ergänzung! Well eleng vun doheem ze schaffen ass och keng Léisung. De soziale Kontakt, dat Tëschemënschlecht an de séieren, informellen Informationsaustausch zum Beispill bei der Kaffimaschinn sinn e wichtige Bestanddeel vum Aarbechtsliewe fir deen eenzelne selwer awer och fir d'Produktivitéit vum Betrib generell.

Dowéinst soe mer als DP kloer Jo zum Teletravail, Jo zum Ausbau vum Teletravail, mee mir wëssen och, dass den Teletravail seng Limiten huet.

Wunnen a Schaffe méi no beienee bréngen, dat ass eng vun de Prioritéiten vun dëser Regierung, fir de Leit hir Liewensqualitéit ze verbessern. D'Dezentraliséierung vun Aarbechtsplazen an d'Schafe vu Coworkingspaces an de verschiddene Regiounen vum Land si weider Pisten an deem Sënn. Als DP ënnerstëtze mir dat a mir si frou, dass d'Regierung wëlles huet, an Zukunft verstärkt op dee Wee ze goen.

Här President, ech hu vu Wunnen a Schaffe geschwat. An do ass den Deel Wunnen e ganz wichtige Aspekt! Mir wëssen et alleguer: De Logement ass dat gréisste Suergkand vun de Lëtzeburger. D'Präisser klammen an enger Vitess, dass et engem dronke gëtt. Fir ëmmer méi Leit mat engem och duerschsnëttlechen Akommes riskéiert den Dram vum Eegenheim net méi erreechbar ze sinn.

De Problem vum Logement begleet eis scho laang zu Lëtzebuerg a bis elo ass et der Politik net gelongen, d'Präisspiral nohalteg ze bremsen. Et wier illusoresch ze mengen, dass mer de Problem an den nächste puer Jore geléist kréichen. Et gëtt einfach net déi eng Léisung, fir der Saach mat engem Coup Meeschter ze ginn. Et ass eng komplex Matière an et géif vill dozou ze soe ginn. Ech wëll mech op dëser Plaz op e puer Punkte beschränken.

Als DP si mer der Meenung, dass den Hauptproblem beim Logement doranner läit, dass d'Offer der Demande net nokënn. Et wëllen einfach méi Leit kafen, wéi Objeten um Marché sinn. Dat läit awer net drun, dass keng Bauterrainen oder Wunnengen do wieren. An enger Etüd huet den Observatoire de l'habitat festgestallt, dass ronn 3.750 Hektar Bauterrain am Perimeter leien, op deenen ëm déi 142.000 zousätzlech Unitéite gebaut kéinte ginn. Dovunner ass de Gros a Privathand.

D'Fro, déi ee sech dofir stelle muss, ass: Firwat ginn déi Terraine broochleie gelooss? An: Ass et an enger Logementskris vertrieubar, dass déi sogenannte „Großgrundbesitzer“ einfach Bauland leie loosse an näischt domadder maachen, während d'Präisser duerch de Plaffong schëssen an et fir vill Leit, besonnesch déi Jonk, ëmmer méi schwéier gëtt, eppes Eegenes ze kafen?

D'Regierung huet annoncéiert, an deenen nächste Méint eng Reform vun der Grondsteuer presentéieren ze wëllen. Dobäi soll de Fokus kloer op Terrainen am Perimeter leien, déi net bebaut sinn. Duerch eng progressiv Steuer, déi mat der Zäit an d'Luucht geet, sollen d'Proprietären esou incitéiert ginn, eppes mat hirem Terrain ze maachen an zousätzleche Wunraum ze schafen.

Als DP soe mer awer hei ganz kloer: Mir wëllen net, dass déi Leit, déi een, zwee Terraine fir hiren No-wuess halen, penaliséiert ginn!

(Interruption)

Déi Distinction ass fir eis ganz wichtig! Gradewéi de Bien, an deem ee selwer wunnt, net soll zousätzlech besteiert ginn, si mir och géint Steiermesuren, déi den normale Bierger treffen. Et soll net d'office jiddereen ënner Generalverdacht gestallt ginn, e Spekulant ze sinn!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Max Hahn (DP).** - Par contre si mer der Meenung, dass déijéineg, déi effektiv de Logement just als Spekulationsobjekt gesinn, och e méi staarke Baitrag un d'Allgemengheet leeschte sollen. Déi Persounen, déi zeg Hektar Land hunn, dat muer bebaut kéint ginn, an decidéieren, dat net ze maachen, sollen an Zukunft méi staark Ureizer kréien, eppes mat hirem Terrain ze maachen.

Dat muss net heeschen, dass se hiren Terrain verkafen. An eisem Walprogramm vun 2018 hate mer





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

**Supplément commun aux quotidiens :**  
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

**Contenu rédactionnel :**  
Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

**Saisie de texte :**  
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

**Conception et mise en page :**  
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

**Concept et coordination générale :**  
brain&more, agence en communication, Luxembourg

**Imprimeries :**  
Mediahuis Luxembourg SA  
60, rue des Bruyères  
L-1274 Howald

Editpress SA  
Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll  
L-4361 Esch-sur-Alzette

als éischt Partei schonn d'Iddi lancéiert, d'Terraine fir e bestëmmten Zäitraum ze verlounen. Während zum Beispill 5, 10, 15 Joer kënnen Wunnengen oder Haiser um Terrain gebaut ginn, wou Leit da während där Period kënnen liewen, an de Proprietär vun deem Terrain kritt da während där Zäit e Loyer an duerno säin Terrain erëm zrëck.

Hautdesdaags gëtt et ganz flott modular Bauten, déi séier opgericht sinn ...

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Här Hahn, erlaabt Dir, datt den Här ...

■ **M. Max Hahn (DP)**.- ... an och séier ...

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- ... Roth lech eng Fro stellt?

■ **M. Max Hahn (DP)**.- Jo.

■ **M. Gilles Roth (CSV)**.- Erlaabt mer, dat just kuerz ze maachen. Ech hunn lech elo nogelauschtert. Mee erkläert awer elo der Chamber an dem Land, wou Der déi Steuer, déi Der wëllt aféieren, iwwerhaupt dann nach applizéiert? Well Dir hutt elo just Ausnamen opgezielt, ...

■ **M. Max Hahn (DP)**.- Nee, dat hunn ech guer net!

■ **M. Gilles Roth (CSV)**.- ... bei deene se sech net applizéiert.

■ **M. Max Hahn (DP)**.- Dat hunn ech iwwerhaupt guer net, Här Roth! Dann hutt Der mer net gutt nogelauschtert. Ech hunn lech just gesot, dass déi, déi mer net wëlle viséieren, dass dat déi sinn, déi een oder zwee Terraine fir hir Kanner oder Enkelkanner halen. Ech hu gesot: All déi aner, déi méi Terrainen hunn ... An dat si jo genau déi, déi mer cibléieren. Dat gouf och bei der Presentatioun, denken ech, méifach gesot, dass déi solle penaliséiert ginn an dass déi eppes solle bezuelen.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

### (Interruptions)

■ **M. Max Hahn (DP)**.- Op alle Fall: Hautdesdaags gëtt et ganz flott modular Bauten, déi séier opgeriicht sinn an och séier erëm ofgeriicht sinn an awer qualitativ héichwäertge Wunnraum bidden.

Op alle Fall hätt de Proprietär en duebelen Notze vun esou engem Arrangement. Zum enge bräicht en nëmmen eng niddreg Grondsteuer ze bezuelen. Zum anere kréich en och nach e kleng Loyer fir säin Terrain.

Eng weider DP-Iddi, fir d'Spekulatioun ze limitéieren, ass de Baulandvertrag, e weidert wichtegt Instrument, fir Wunnraum ze schafen an Terrainen ze mobiliséieren. Terrainen, déi nei an de Perimeter kommen, mussen an enger gewëssener Zäit bebaut ginn, soss gi se erëm zrëckklasséiert. Op deem Wee gëtt evitéiert, dass nei Baulücken entstinn.

Nieft onbebauten Terraine gëtt et awer och vill Wunnengen am Land, déi net bewunnt sinn. Laut enger Héichrechnung vum Statec vun 2011 sténgen 10.000 bis 20.000 Wunnengen eidel. Dat ass natierlech nëmmen eng ganz graff Schätzung. Fir méi e kloert Bild vun der Situatioun ze kréien, huet de Premier ugekënnegt, dass e Regëster fir eidel stoend Wunnenge geschaf soll ginn. Dorop baséierend sollen eidel stoend Wunnengen an Zukunft och méi staark besteiert kënnen ginn.

Fir eis als DP ass et u sech net novollzéibar, firwat, wann de Chiffer da stëmmt, esou vill Wunnengen

eidel stinn. D'Spekulatioun eleng kann et jo bal net sinn, well och wann een e Locataire a senger Wunneng huet, hëlt een d'Präisentwécklung um Marché jo awer mat. Vlächicht ass et d'Suerg, dass engem seng Wunneng net disponibel ass, wann ee se vlächicht brauch, dass een de Locataire dann net erauskritt. Mee d'Gestion locative sociale vun der AIS ass hei e flotte Modell, mat deem een eebe grad dës Garantie kritt an d'Wunneng an dräi bis sechs Méint erëmkritt.

Esou oder esou, duerch déi genannte steierlech Ureizer solle méi Wunnengen op de Marché kommen an d'Offer gehéicht ginn. Wann een als Proprietär decidéiert, net op dee Wee ze goen, sou bedeelegt ee sech an Zukunft finanziell méi staark um Staat sengen Efforten, fir Wunnraum ze schafen. Et geet nämlech net duer, drop ze waarden, dass um private Marché méi Wunnengen entstinn. Et ass och un der ëffentlecher Hand selwer, eng méi aktiv Roll ze spillen a Wunnengen ze bauen.

D'Regierung wäert och hei, zousätzlech zu den Efforten, déi an der Vergaangenheet scho gemaach goufen, eng Schëpp bäileeën. Éischt Jalone si gesat mam neie Pacte Logement 2.0, duerch deen automatesch bei all neiem PAP 10 % bis 20 % vum Wunnraum an déi ëffentlech Hand iwwerginn. Op déi Manéier kréien d'Gemengen eng zolidd Upak, fir an deenen nächste Joren daitlech méi bezuelbar Wunnengen ze schafen.

Et ass duerchaus e Paradigmewissel! Während ville Joren ass den ëffentleche Wunnengsbau zu Lëtzebuerg nëmme lues virukomm. Den Undeel un ëffentleche Wunnengen zu Lëtzebuerg läit wäit ënnert deem op ville Plazen am Ausland. An Zukunft ännert dat. An Zukunft gëtt d'Schafe vun abordablem ëffentleche Wunnraum bei grouse Projete konsequent matgeduecht. Déi ëffentlech Hand gëtt konsequent gestärkt!

Zousätzlech zum Pacte Logement 2.0 realiséiert de Staat duerch déi ëffentlech Bauträger awer och eng ganz Rei eege Wunnprojeten, wéi zum Beispill zu Kielen, Mamer, Wolz, Diddeleng, Schëffleng an Esch, fir just déi ze nennen. D'Efforten an där Hidsicht ginn an nächster Zäit awer nach eng Kéier eropgeschrauft.

2020 ass de Fonds spécial de soutien au développement du logement geschaf ginn, dee speziell fir d'Schafe vun ëffentlech Wunnraum geduecht ass. 2021 sinn iwwert dee Fong 165 Milliounen Euro (veuillez lire: 171 Milliounen Euro) an d'Konstruktioun vun neie Wunnenge gefloss. Mam Budget 2022 gëtt nach eng zolidd Schëpp dropgeluecht. Et sinn iwwer 300 Milliounen Euro Depensen eleng fir d'Schafe vu Wunnraum virgesinn. Dat ass bal dat Duebelt wéi nach d'Joer virdrun. Dëse Montant geet iwwert déi nächst Jore konsequent erop op 320 Milliounen 2023 an 340 Milliounen 2024.

Här President, dës Regierung huet gewisen, dass si a Krisenzäite Verantwortung iwwerhëlt. D'Pandemie stellt eist Land nach ëmmer op eng haart Prouf. D'Regierung huet vun Ufank u séier reagiert. Si huet déi néideg Mesurë geholl, fir keen am Ree stoen ze loossen, an dat richtegt Gläichgewicht tëscht sanitäre Restriktiounen engersäits an dem Respekt vun der Fräiheet anerersäits fonnt.

Gradesou decidéiert geet d'Regierung déi aner vill grouss Erausforderungen un, virun deene mir als Land stinn. Mir liewen a kengen einfachen Zäiten. Net just d'Pandemie belascht vill Leit, och d'Perspektiv vun enger Äerderwiermung, déi mer net an de Grëff kréien, mécht ville Leit suergen.

Gradesou ass de Wunsch no enger besserer Work-Life-Balance e wichteg Uleies an der Bevëlkerung, ouni de Logement ze vergiessen. Als DP setze mer eis a fir eng Politik, déi op d'Suerge vun de Leit ageet an hiert Wuelbefannen an de Mëttelpunkt stellt. Mir wëllen, dass et sech gutt zu Lëtzebuerg liewe léisst. Nohaltegkeet, Sozialpolitik, de Logement: De Budget fir d'Joer 2022 weist schwaarz op wäiss, dass d'Regierung net just verspricht, mee och liwwert. E weist, dass d'Regierung konsequent weider an d'Zukunft vum Land investéiert, a seng Bierger an an d'Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Hahn.

■ **M. Roy Reding (ADR)**.- Däerf ech dem Här Hahn eng Fro stellen?

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Dann huet den Här Roy Reding eng Fro.

■ **M. Max Hahn (DP)**.- Jo.

■ **M. Roy Reding (ADR)**.- Villmools merci, Här President. Merci, honorabele Kolleeg Hahn. Mir sinn net an der Debatt vun der Ried Hahn. Do ware vill Usätz dran, déi ganz interessant waren. Vill Sachen, déi diskussiounswierdeg waren.

Ech hu just eng Fro. Dir hutt an Ärer Ried geschwat vu klimaneutrale Wunnen. Wéi soll ech mer dat

elo virstellen? Ech mengen, ech liewe mat menger Famill an engem Haus. Mir mussen am Wanter hëtzten. Moies dusche mer eis. Mir hu waarmt Waasser. Wéi ass et mënscheméiglech, oder wéi denkt Dir lech dat, ...

### (Interruption)

... datt e Mënsch kéint klimaneutral, dat heescht mat null Belaaschtung fir de Klima, wunnen?

Merci.

■ **M. Max Hahn (DP)**.- Ab 2023 gëtt dat bal Standard hei zu Lëtzebuerg. Firwat? Ma well Der mat enger Wärmepompel, dat heescht elektresch, hëtzet an Dir kënnt Elektresch produzéieren op Ärem Daach, ...

### (Interruption)

... andeems Der eng Fotovoltaikanlag installéiert. Dat ass eigentlech d'Zil, deem ee muss nogoen, fir klimaneutral ze ginn. Dat heescht, ewech vu Gas an ewech vu Mazout. Dat ass decidéiert, dass dat 2023 de Fall ass.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Roy Reding (ADR)**.- Et ass net laang. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Hahn. Mir fuere muer de Moien um aacht Auer mat den Debatten iwwert de Budget weider.

## 3. 7915 - Proposition de modification des Annexes 4 et 5 du Règlement de la Chambre des Députés

Mir kommen elo zum Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement 7915, eng Ofännerung vun den Annexe 4 a 5. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement, den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission du Règlement

■ **M. Roy Reding (ADR), rapporteur**.- Merci, Här President. Léif Kolleegen, ech maachen elo während 20 Minuten en Historique iwwer all d'Ännerunge vum Chambersreglement.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Roy Reding (ADR), rapporteur**.- Nee. Dat, ...

■ **Une voix**.- Très bien!

### (Hilarité)

■ **M. Roy Reding (ADR), rapporteur**.- ... dat war e Witz.

Also déi heiten Ännerung ass deposéiert ginn de 24. November vun eisem Här President, Fernand Etgen. De 7. Dezember hu mer den Text an der Kommissioun analyséiert an ech sinn als Rapporteur genannt ginn. An dëse Projet de rapport ass den 9. Dezember unanimement akzeptéiert ginn.

Wat ännere mer hei? Et sinn e puer Punkten.

Dat Éischt ass d'Aféierung vun engem Compte épargne-temps fir d'Fonctionnaire vun der Chamber. Dat heescht, och si kënnen Zäit epargnéieren, accumuléieren a se esou différieren, wéi si et gären hätten. Den Temps de présence gëtt geännert an deem Sënn, datt eis Fonctionnaire kënnen ab 6.30 Auer present sinn. Dat inspiréiert sech un deem, wat haut scho gang und gäbe ass an der Fonction publique.

Da kreéiere mer e Groupe de traitement D3, well de Bureau decidéiert huet, datt an Zukunft eis Botz-ekippe vun der Chamber agestallt ginn an net méi sous-traitéiert gëtt. Duerfir war dat doten néideg.

Da gëtt et eng Adaptatioun am Calcul vun der Bonification d'ancienneté. Och do alignéiere mer eis dem Statut vun der Fonction publique.

### (Interruption)

Dann hu mer e véierte Punkt, dat ass d'Definitioun vum Traitement de base. Do integréiere mer d'Majoration d'échelon pour postes à responsabilités particulières et pour fonctions dirigeantes. Och do eliminéiere mer domat d'Diskriminatioun, déi haut besteet tëscht der Administration parlementaire an der Administration des fonctionnaires de l'État.

E fënnefte Punkt ass, datt mer eis Administratioun autoriséieren, en Echange ze hu vun Donnéeë mat aneren Administration-publiken.

A schlisslech maache mer e Mécanisme temporaire vu Changement de groupe.

Mir hunn u sech um Text vum President näischt geännert, ausser engem eenzege Punkt: « Dans la catégorie de traitement D, il est créé trois groupes de traitement, à savoir le groupe de traitement D1, [...] D2 [...] » an « D3. »

Dat war déi eenzeg Adaptatioun, déi eis Kommissioun virgeholl huet.

### (Interruption)

Dee Rapport ass unanimement ugehall ginn an ech bieden lech, deem dann och zouzestëmmen, a soen lech Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools dem Här Rapporteur Roy Reding.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

■ **M. Léon Gloden (CSV)**.- Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Gloden. An da wier et um honorabelen Här Gilles Baum.

### (Interruptions)

■ **M. Gilles Baum (DP)**.- Majo, ech soen dem Rapporteur och Merci an ech schlësse mech dem Här Gloden sengen ...

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP)**.- ... ganz interessante Wierder un a ginn och den Accord.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Baum. An dann ass als nächste Riedner den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo agedroen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**.- Merci, Här President. Bon, et ass eigentlech net vill bäizefüge bei deenen Dispositiounen, déi d'Transpositioun vun Neierunge beim Staat ugin. Et ass nëmmen normal, dass eis Mataarbechter déi selwecht Konditiounen kréien, wéi se beim Staat existéieren.

### (Interruptions)

Nach muss een awer op een Duerchbroch hiweisen, deen eis als Chamber ganz gutt zu Gesiicht steet. An ech wollt dofir dem Bureau e ganz grouse Merci soen, dass mer déi Decisioun konnten zesummen huelen, fir eisen Hygiënesdéngscht, eis Botzekippen ze integréieren an de Staff vun der Chamber.

Elo kann ee soen, jo, dat wär normalerweis jo just eng Formalitéit. Ass et awer net, well déi Leit, déi derfir suergen, dass eist Haus esou propper ass ewéi nëmme méiglech, déi stounge bis elo ënner anere Konditiounen der Chamber zur Verfügung, wéi dat an Zukunft de Fall wäert sinn.

### (Interruptions)

Déi Leit kréien hiren eegene Statut a ginn doduerch vill besser behandelt, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

D'Chamber huet d'Beispillfonctioun. Déi Beispillfonctioun erfëllt se hei an ech wollt dofir nach eng Kéier dem President an dem Bureau an de Kolleegen hei alleguer e grouse Merci soen, dass mer deen dote Schrëtt gemaach hunn an dass mer vill méi wäit gaange sinn, wéi mer dat am Ufank geduecht haten. Quasi eis ganz Ekip gëtt integréiert. Wann natierlech Picken do sinn, loosse mer eis hëllefen. An ech mengen, deen dote Schrëtt, dat soll net de leschte sinn. Mer sollen eis och iwwerleeën, wéi mer aner Servicer erëm kënnen rapatriéieren. De President gradewéi ech selwer hunn op deene jeeweilege Plazen, wou mer aktiv waren, ëmmer derfir gesuergt, dass déi Klengst vergläichbar Statuten hu wéi déi mat méi breede Schëlleren.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**.- Ech wëll dofir soen, dass mir dat ausdrécklech ënnerstëtzen a selbstverständlech wäert eis Fraktioun déi doten Neierungen ...

■ **Une voix**.- A!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**.- ... matënnerstëtzen.

Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

### (Interruptions)

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Di Bartolomeo. An da ginn ech d'Wuert un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng)**.- Villmools merci, Här President. Ech maachen et da bal esou laang ...

■ **Une voix**.- Jo.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng)**.- ... wéi mäi Virriedner.

### (Hilarité et interruptions)

Also och mir als Gréng begrëissen ...

### (Interruption)

... ausdrécklech, dass mer dëse Wee ginn an dass de Bureau mat op de Wee gaangen ass.

Et geet jo drëms, dass déi ganz Organisatioun an der Chamber e bëssen nei organiséiert gëtt, virun allem wat dann de Statut vum Personal ubelaangt. An der Fonction publique hu mer beispillsweis schonn d'Comptes épargne-temps, déi ganz gutt





ukomm sinn an déi jo och elo hei agefouert ginn. Dat ass dat eent, dat e gudde Schrëtt no vir ass. Virun allem begrëisse mer awer, dass d'Botzpersonal dann och vun der Chamber agestallt gëtt, dass d'Aarbechtskonditiounen domat verbessert ginn, wuel wëssend, dass déi privat Botzfirmer net ëmmer déi allerbeschte Konditiounen bidden um Niveau vum Aarbechtsmaart an deem dote Beräich.

A mir hunn hei eis Verantwortung ze iwwerhuelen. Wa mer vu Sozialpolitik schwätzen dee ganzen Dag, da solle mer eis och selwer mat der Nues huelen an derfir suergen, dass d'Konditiounen fir déi Leit, ...

(Interruptions)

... déi eis Sëtzer propper halen, eis Biedem kieren an alles hei maachen, fir dass et eis gutt geet, och respektéiert ginn a si anstänneg bezuelt ginn. Dat ass eis grouss Suerg gewiescht an déi gëtt elo heimat Realitéit am Sënn vun der Ëmsetzung.

Ech wëlt awer och e klengen Appell maachen un all déi Gemengepappen a -mammen, déi heibanne sinn: Och an de Gemengen ass dat méiglech.

(Interruption et hilarité)

Et gëtt eng Gemeng - ech nenne se net mam Numm -, et gëtt awer och nach vläicht anerer, déi dee Wee wëllen aschloen. Et kann een och als Gemeng d'Karriär vum Botzpersonal erophiewen am Sënn vun der Gläichberechtigung, am Sënn vum faire Loun, se gläichsetze mat den Aarbechter aus de Gemengen. An an deem Sënn dat just als kleng Remark, déi mer awer haut wichteg war. Ech mengen, domat mécht een ni eppes falsch, wann een d'Botzpersonal besser bezilt an anstänneg ustellt.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien !

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här, President, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An da ginn ech d'Wuert weider ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, ech ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- ... un d'Madamm Myriam Cecchetti.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, just eng Prezisioun. Ech wëll soen, dass ...

■ **Une voix.**- Nee!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- ... am Südkollektivvertrag vun de Gemengen déi Gläichstellung garantéiert ass.

(Interruption)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci fir déi Prezisioun. An da wier et un der Madamm Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Jo. Merci, Här President. Här President, mat dëser Ännerung vun eise Reglement ginn d'Ongerechtegkeeten opgehuewen an esou gëtt d'Aarbecht vun de Chamberfonctionnaire/innen valoriséiert. An dat ass wichteg, well d'Aarbecht vun der Chamber ass eng ganz wichteg an déi verdéngt et, och als solch unerkannt ze ginn. Et ass jo scho schlëmm genuch, datt dës Adaptatiounen eréischt elo, also dräi Joer méi spéit eigentlech gemaach gi sinn.

Da gëtt nach de Groupe de traitement D3 agefouert, deen et der Chamber erlaabt, säi Botzpersonal selwer anzustellen an esou deem Personal sécher a gutt Aarbechtskonditiounen ze bidden. Dat freet eis besonnesch, well déi Ännerungen do op enger Resolutioun vun déi Lénk berouen. Ech wollt de Kollegen a Kolleginnen heibanne Merci soen, dass si dës Resolutioun hei eestëmmeg ënnerstëtzt hunn! Dat kënnt jo alt net esou dacks vir, zemoos wann d'Propose vun der Oppositioun kommen.

Ech hoffen, dass dat de Gemengen, de Ministèren, den Administratiounen eng Inspiratioun ass, datt och si an Zukunft hiert Botzpersonal selwer kënnen fest astellen. D'Pandemie huet eis nämlech gewisen, wéi wichteg dës Beruff ass. A fir déi Leit, déi eng haart Aarbecht all Dag maachen, gëtt et keen Teletravail an et gëtt och kaum emol e Merci. Et ass also nëmme richtig, dass och hei dës wäertvoll Aarbecht als solch vum Staat an de Gemenge soll unerkannt ginn.

Heibanne sëtze jo da ganz vill Gemengepappen a -mammen, déi, ...

■ **Une voix.**- A!

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- ... dann och kéint den deenen outgesourcte Botzmadammen a Botzmonsieuren e schéine Chrëschtkaddo nach maache mat enger Festustellung op der Gemeng. Et gëtt der jo e puer heibannen. Fir just eng zum Beispill ze nennen, dat ass dann déi Beetebauerger Gemeng, oder eng aner, dat ass dann déi Suessemer Gemeng. An dat geet ganz gutt a ganz flott. An et géif mir eng Freed maachen, wann nach vill Leit dorop zrëckgräifen.

An da weess ech, datt och nach esou e Projet Crèche hei an der Loft hänkt. An ech mengen, do wieren och ganz vill Leit heibanne frou, Mammen a Pappen an zukünfteg Mammen a Pappen, souwuel bei de Leit heibannen wéi awer och bei der Administratioun.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Ech versprechen lech, ech maache keng Südgemenge-Politik heibannen. An ech ...

(Exclamations)

... revendiquéieren net, nach Leit ze rekrutéieren. Ech wollt och vläicht op zwee Punkten agoen.

Dat eent ass, déi Motioun vun déi Lénk, déi mer gären ënnerstëtzt hunn, war jo net ouni Precurseuren. Ech hu mer soe gelooss, an ech hunn dat och selwer konnten novollzéien, datt déi ganz Prozedur hei aacht Joer gedauert huet, fir op dee Punkt hei ze kommen, datt déi Persounen agestallt goufen, datt dee Statut endlech en place gesat gouf. Ech mengen, datt et ... „Was lange währt, wird endlich gut“, seet den Däitschen. Ech hoffen, datt mer heimadder wierklech dee richtige Schrëtt maachen, datt et domadder no vir geet an datt mer deene Leit déi Wäertschätzung ginn, déi se verdéngt hunn. Dat ass dat, wat déi nei Karriär D3 a wat d'Rekrutement vum Botzpersonal ubelaangt.

Dat Zweet, mengen ech, an doriwwer ass haut nach net geschwat ginn, an dat ass vläicht eppes, wat déi bestoend Ekippen an der Chamber awer entlaaschte wäert, dat ass déi Zesummenaarbecht, wou d'Chamber mat anere Staatsservicer an Zukunft méi effizient wëll schaffen an op Servicer, déi scho bestinn, zrëckgräife wëll. Dës Zesummenaarbecht, déi elo mam CGPO opgemaach gëtt, dem Personalservice vum Staat, fir datt eeben d'Paie vun eise Beamten a Beamtinnen net méi hei am Haus gerechent ginn, mee datt se zesumme mat allen anere Fonctionnaire gerechent ginn, wat also zu Effizienzgewënner, zu engem méi séieren Traitement an hoffentlech zu enger Entlaaschtung vun eise Service hei am Haus féiere wäert.

Déi zwou Ännerunge si fir eis immens gutt. Mir begrëisse se an dofir wäerte mer dat hei matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert den Ännerungsvorschlag vun Chambersreglement 7915. Den Text steet am Document parlementaire 7915<sup>1</sup>.

**Vote sur l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 7915**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

An den Ännerungsvorschlag ass mat 60 Jo-Stëmmen uegheoll.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Félix Eischen), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Georges Engel), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung fir haut ukomm. Mir fuere muer de Moien um 8.00 Auer mat den Debatten iwwert de Budget weider.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

**(La séance publique est levée à 19.31 heures.)**

## Sommaire des séances publiques n<sup>os</sup> 20, 21, 22 et 23

### 20<sup>e</sup> séance

|                                                                                                                                                                                                                                                                    |            |
|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                                                               | p. 276     |
| Heure de questions au Gouvernement .....                                                                                                                                                                                                                           | p. 276-279 |
| - Question n° 264 du 9 décembre 2021 de Mme Martine Hansen relative aux mesures mises en place contre la propagation du virus Sars-CoV-2 dans l'Enseignement fondamental, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ..... | p. 276-277 |
| - Question n° 265 du 9 décembre 2021 de M. André Bauler relative au site initial du CGDIS-Nordstad, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable .....                                                                     | p. 277     |
| - Question n° 266 du 9 décembre 2021 de M. Sven Clement relative au remboursement de la psychothérapie, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale.....                                                                                                      | p. 277     |
| - Question n° 267 du 9 décembre 2021 de Mme Francine Closener relative à l'Indice d'égalité de genre (« GEI ») 2021, adressée à Mme la Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes .....                                                                  | p. 277-278 |
| - Question n° 268 du 9 décembre 2021 de M. Aly Kaes relative à la grippe aviaire, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.....                                                                                     | p. 278     |
| - Question n° 269 du 9 décembre 2021 de M. Marc Hansen relative à la récente controverse autour du fonctionnement de l'environnement eSanté, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale .....                                                                | p. 278     |
| - Question n° 270 du 9 décembre 2021 de M. Serge Wilmes relative aux suites économiques des manifestations de samedi dernier dans la ville de Luxembourg pour les forains et les commerçants de la capitale, adressée à M. le Ministre des Classes moyennes .....  | p. 279     |
| Question élargie n° 122 de M. Laurent Mosar au sujet des entités proposant des services financiers .....                                                                                                                                                           | p. 279-280 |
| Heure d'actualité de la sensibilité politique ADR au sujet de l'interdiction du moteur à combustion .....                                                                                                                                                          | p. 280-285 |
| 7499 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés visant à insérer un registre de transparence dans le Règlement de la Chambre des Députés .....                                                                                           | p. 285-288 |
| 7910 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2020 .....                                                                                                                                                                           | p. 288-289 |
| Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la santé et de la sécurité au travail .....                                                                                                                                                                  | p. 289-292 |

### 21<sup>e</sup> séance

|                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                      |            |
|------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 | p. 292     |
| Communications .....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 | p. 292-293 |
| Ordre du jour .....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                  | p. 293     |
| Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen.....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                       | p. 293     |
| 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 et modifiant :                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |            |
| 1° le Code de la sécurité sociale ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                  |            |
| 2° la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs (« Bewertungsgesetz ») ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                          |            |
| 3° la loi modifiée du 1 <sup>er</sup> décembre 1936 concernant l'impôt commercial (« Gewerbesteuer-gesetz ») ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                       |            |
| 4° la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                          |            |
| 5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                             |            |
| 6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                               |            |
| 7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                          |            |
| a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                |            |
| b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                  |            |
| c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   |            |
| 8° la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999 ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                            |            |
| 9° la loi du 7 décembre 2007 autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |            |
| 10° la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |            |
| 11° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;                                                                                                                                                                                                                                 |            |
| 12° la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant modification 1. du Code de la sécurité sociale ; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant ;                                                                                                                                                                                         |            |
| 13° la loi du 1 <sup>er</sup> août 2019 concernant les mutuelles                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                     |            |
| 7879 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025 .....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                             | p. 293-297 |
| 7929 - Projet de loi du *** portant modification :                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   |            |
| 1° de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                  |            |
| 2° de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |            |
| 3° de la loi modifiée du 29 octobre 2020 portant 1° dérogation à l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ; 2° modification de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ; 3° modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées ..... | p. 297-298 |
| <b>22<sup>e</sup> séance</b>                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                         |            |
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 | p. 299     |
| Ordre du jour .....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                  | p. 299     |
| 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 [...]                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                          |            |
| et                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   |            |
| 7879 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025 (suite) .....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                     | p. 299-301 |
| 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 [...]                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                          |            |
| et                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   |            |
| 7879 - Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025 (suite) .....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                    | p. 301-307 |
| <b>23<sup>e</sup> séance</b>                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                         |            |
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 | p. 307     |
| 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 [...]                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                          |            |
| et                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   |            |
| 7879 - Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025 (suite) .....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                    | p. 307-325 |
| 7915 - Proposition de modification des Annexes 4 et 5 du Règlement de la Chambre des Députés .....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   | p. 325-326 |





Sommaire

| Question n° | Auteur                                  | Objet                                                                                                                           |
|-------------|-----------------------------------------|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| 5509        | Marc Goergen                            | Non-réponse aux appels téléphoniques dans la fonction publique                                                                  |
| 5600        | Fernand Kartheiser                      | Équipements chinois dans le cadre du déploiement des réseaux 5G                                                                 |
| 5714        | Léon Gloden                             | Trafic de transit                                                                                                               |
| 5732        | Fernand Kartheiser                      | Subsides pour la promotion de l'électromobilité                                                                                 |
| 5775        | Mars Di Bartolomeo, Yves Cruchten       | Rénovation thermique des bâtiments                                                                                              |
| 5799        | Fred Keup                               | Examen de promotion                                                                                                             |
| 5802        | Marc Goergen                            | Impact des sanctions contre la Russie sur l'alimentation en gaz                                                                 |
| 5810        | Fred Keup                               | Production nationale de gaz                                                                                                     |
| 5811        | André Bauler                            | Devoir de vigilance                                                                                                             |
| 5816        | Max Hengel                              | Pollution de la Moselle suite à une fuite d'hydrocarbures de la centrale nucléaire de Cattenom                                  |
| 5852        | Fernand Kartheiser                      | Prix de l'électricité                                                                                                           |
| 5856        | Sven Clement                            | Prise en charge temporaire par l'État des frais de réseaux                                                                      |
| 5882        | Paul Galles                             | Budget CO <sub>2</sub>                                                                                                          |
| 5889        | Diane Adehm                             | Scolarisation des enfants des réfugiés en provenance de l'Ukraine                                                               |
| 5908        | Sven Clement                            | Remise des ordres de mérite                                                                                                     |
| 5924        | Fred Keup, Jeff Engelen                 | Impact de l'augmentation du prix des carburants sur le transport public                                                         |
| 5925        | Marc Goergen                            | Achat de meubles par le Ministère des Sports                                                                                    |
| 5930        | André Bauler                            | Internat du Lycée technique agricole et de l'École d'hôtellerie et de tourisme à Diekirch                                       |
| 5937        | François Benoy                          | Pollution des captages d'eau souterraine                                                                                        |
| 5940        | Jessie Thill                            | Utilisation de produits de la société « Palantir Technologies »                                                                 |
| 5949        | Chantal Gary, Stéphanie Empain          | Pratique sportive des personnes ayant fui la guerre en Ukraine                                                                  |
| 5958        | Sven Clement                            | Sportifs d'élite dans la fonction publique                                                                                      |
| 5961        | Claude Wiseler, Martine Hansen          | Situation sanitaire dans le secteur hospitalier et le secteur des soins                                                         |
| 5972        | Fred Keup                               | Interventions de la police au centre de l'Unité de sécurité (Unisec) à Dreiborn                                                 |
| 5973        | Marc Goergen                            | Obligation vaccinale pour les nouvelles recrues de l'armée                                                                      |
| 5974        | Nathalie Oberweis                       | Protection du patrimoine industriel du site Arbed Esch/Schifflange                                                              |
| 5982        | Marc Goergen                            | Achats de gaz russe en roubles                                                                                                  |
| 5984        | Fernand Kartheiser, Fred Keup           | Attaques de bancomats à l'explosif                                                                                              |
| 5985        | Jeff Engelen, Fred Keup                 | Délais d'attente pour une mammographie                                                                                          |
| 5989        | Gusty Graas                             | Sécurité des réfugiés ukrainiens                                                                                                |
| 5995        | Laurent Mosar, Gilles Roth              | Cabinets de conseil                                                                                                             |
| 6007        | Marc Spautz                             | Aide financière pour études supérieures                                                                                         |
| 6008        | Max Hengel, Léon Gloden, Octavie Modert | Inondations de juillet 2021                                                                                                     |
| 6010        | Djuna Bernard, François Benoy           | Égalité dans les carrières scientifiques à l'Université du Luxembourg                                                           |
| 6011        | Laurent Mosar                           | Sanctions financières à l'encontre de la Fédération de Russie dans le sillage de l'invasion par les troupes russes de l'Ukraine |
| 6012        | Paul Galles, Diane Adehm                | Paieement du gaz russe en roubles                                                                                               |
| 6027        | Sven Clement                            | Efforts diplomatiques dans le cadre de la guerre du Donbass                                                                     |
| 6038        | Diane Adehm                             | Rétention des données                                                                                                           |
| 6049        | Fernand Kartheiser, Fred Keup           | Chauffage des terrasses                                                                                                         |
| 6054        | Octavie Modert                          | Rappel de produits au chocolat suite à la détection d'un foyer de cas de salmonellose                                           |
| 6059        | Fernand Kartheiser                      | Livraison d'armes à l'Ukraine                                                                                                   |
| 6067        | Fred Keup                               | Participation aux élections législatives des Luxembourgeois vivant à l'étranger                                                 |
| 6085        | Max Hengel                              | Hépatite chez des enfants                                                                                                       |

**Question 5509** (17.01.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **non-réponse aux appels téléphoniques dans la fonction publique** :

Mir duerchliewen am Moment keng einfach Zäit, notamment bedéngt duerch d’Covidpandemie, déi eis elo scho bal zwee Joer an Otem hält. Et gëtt vill Krankheetsfäll, et gëtt erëm vill op den Teletravail zeréckgegraff an op verschiddene Plaze kënn et ëmmer méi oft zu Personalmangel. Fir d’Kontakter ze reduzéieren, maache vill Guicheten zou a ver-leeën hir Berodungsaktivitéiten op den Telefon oder per Mail. An dësem Kontext gëtt eng Kommunikatioun iwwer Telefon eng essenziell Virussetzung, fir dass d’Bierger op d’staatlech Servicer kënnen zeréckgräifen a sech bei Froen un eng lieweg Uspruechpersoun kënnen wënnen. Hei kann d’Net-ophiewe vum Telefon, wann ee bei enger staatlecher Stell urrifft, ee grouesse Problem duerstellen.

An deem Zesummenhang wëilt ech de Ministere fir Kommunikatioun a Medien a fir ëffentlechen Déngscht dës Froe stellen:

- Kënnen d’Ministernen - opgedeelt no Administra-tioun an opgeléscht no Joer - d’Zuele presentéieren, wéi d’Unzuel vun Uriff, déi net connectéiert konnte ginn, an deene leschten dräi Joer evaluéiert huet?
- Wat fir Pisten hunn d’Ministèren an d’Verwal-tunge virgesinn, fir datt och während der Covidkris den Telefonskontakt assuréiert bléift?
- Wéi gëtt séchergestallt, dass virun allem den Asaz vum Homeoffice, dee jo och no der Pandemie sécherlech eng gréisser Roll wäert spillen, sech net negativ op den Traitement vun Ufroer per Telefon auswierkt? Gesäit de Minister hei nach Verbesse-rungsbedarf? Wa jo, a wéi enger Form?

**Réponse** (11.02.2022) de **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à la Digitalisation* :

Wéi an de parlamentaresche Froen N° 0249 vum 23. Januar 2019 an N° 2800 vum 12. Oktober 2020 geäntwert, kënnen staatlech Verwaltunge vun der Callcenter-Infrastruktur vum Zenter fir Informa-tionstechnologïe vum Staat (CTIE) profitéieren. Am Joer 2019 sinn iwwer 711.000 Appeller iwwer esou Callcenteren erakommen. Fir d’Joren 2020 an 2021 sinn, bedéngt duerch den Homeoffice, deen als effikass Measure géint d’Pandemie agefouert gouf, keng exakt Chifferen disponibel. Fir den Agen-

ten, déi Callcenteren bedéngen, ze erlabe vun doheem aus ze schaffen, goufen nämlech d’Appel-ler un d’Callcenteren, déi mat normalen Telefone bedéngt ginn op Softphone-Verdeelerlëschten ëmgeleet. E Softphone ass eng Software, déi erlaabt, en normalen Telefonsappell iwwert e Com-puter ze tätegen oder entgéintzehuelen, wouduerch den Agent net méi zwéngend muss um Büro sinn. Heiduerch konnten d’staatlech Administratiounen hire Bierger och während der Pandemie e gudde Ser-vice per Telefon ubidden.

Am Laf vum Joer 2021 huet de CTIE eng nei Call-center-Plattform a Betrib geholl, déi d’Agente souwuel vum Büro wéi och aus dem Homeoffice iwwert eng Software kënnen bedéngen. D’Migratioun op déi nei Plattform dauert nach un.

D’Decisioun e Callcenter anzeriichten, oder e Wei-derleede vun den Telefonen op eng Standardnum-mer ëmzeleeden, läit an der Verantwortung vun de jeeweilegen Administratiounen.

Et sief och drop higewisen, dass d’MyGuichet.lu-Funktionalitéit, fir online e Rendez-vous ze buchen, sech an de leschten zwee Joren als effikass Mëttel erweisen huet, fir ënnert dem Anhale vun de sanitäre Mesuren d’Bierger an de physesche Gui-cheten ze empfänken. Eleng am Joer 2021 goufen esou iwwer 220.000 Rendez-vousen an de verschie-dene physesche Guichete gebucht.

**Question 5600** (27.01.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant les **équipements chinois dans le cadre du déploiement des réseaux 5G** :

Aus dem Extrarapport „Déploiement des réseaux 5G au sein de l’UE : des retards et des questions de sécurité encore sans réponse“ vum EU-Rechnungs-haff geet ervir, datt 2019 64 Prozent vun den EU-Bierger (ouni Groussbritannien), Telekommunika-tiounsreseae benotzt hunn, deenen hir 4G-Techno-logie op d’mannst deelweis op Equipementer vu chineesesche Fournisseurs opgebaut war. Bei der Telekommunikatioun handelt et sech ëm e Schlës-selberäich, souwuel vun der privater wéi och vun der staatlecher Informatiounssécherheet an dem Dateschutz.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Ekono-mieminister gär dës Froe stellen:

- Wéi vill Lëtzebuerger Bierger hu während de Joren 2013-2020 fir déi verschidde Facettë vun hirer Tele-kommunikatioun (Telefon, Handy, Internet asw.) missen op Reseaunen zeréckgräifen, déi ganz oder deelweis op chineesescher Technologie opgebaut waren?
- Wéi wäerten dës Zuelen no de Projektione vun der Regierung am Kader vun der Ëmstellung op d’5G-Technologie evaluéieren?

**Réponse commune** (29.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias*, et de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l’Économie* :

Am Kader vun der digitaler Transformatioun vun eiser Gesellschaft ass et essenziell, dass eis digital Infrastrukturen adequat ofgeséichert sinn. Fir op der Héicht vun den Defien ze sinn, ass et indispen-sabel, dass d’Cybersécherheetsmesuren op natio-nalem an europäeschem Niveau kontinuéierlech iwwerpréift a renforcéiert ginn.

Am gesetzleche Kader fir d’Telekommunikatioun ass d’Sécherheet vun den Telekommunikationsre-seaunen zënter 2011 fest verankert, a gouf mat der rezenten Transpositioun vum „Code des communi-cations électroniques européen“ nach eng Kéier renforcéiert. Eng héich Sécherheet vun den Tele-kommunikationsreseauen ass also eng etabléiert Obligatioun fir all Telekommunikatiounsopérateur, onofhängeg vun der Origine vu sengen Equipemen-ter. Den Institut luxembourgeois de régulation (ILR) verfüügt heifir iwwert en dediéierte Cybersé-cherheetsdepartement (Service „Network and Infor-mation Systems’ Security“ - NISS) deen d’Mesuren, déi d’Opérateure fir d’Sécherheet vun hire Reseaunen huelen, surveilléiert a souwuel preventiv wéi reaktiv contraignant Instruktiounen ausschwätze kann, am Fall wou d’Mesuren, déi en place gesat goufen, net adequat sinn. Den NISS-Departement ass och a ree-gelméissegem Austausch mat den Opérateuren a begleet si bei hirer Risiko-Analys. Doriwwer eraus huet d’Regierung mat der neier Legislatioun d’Méiglechkeet, streng Mesuren ze huelen, déi och de gezielte Verbuet vun eenzelen Equipementer ëm-faasst, am Fall wou eng eescht Menace fir déi ëffentlech Sécherheet besteet. Dës Measure ass och ee vun den Elementer, mat deenen d’Regierung am

Kader vun der europäescher 5G-Toolbox zur Ofsé-cherung vun den Telekom-Infrastrukture bäidréit.

Des Weidere gëtt am Moment op europäeschem Ni-veau mat Héichdrock un enger neier NIS Directive geschafft, déi d’Cybersécherheetsmesuren a villen essenzielle Secteure renforcéiert an och d’Séche-rung vun der Liwwerketten aschléisst. D’NIS2 Direc-tive soll sech ënner anerem op den Telekom-Sec-teur, de Secteur vun den digitalen Infrastrukturen an den digitale Servicer applizéieren.

Den Informatiounen no, déi dem Medien- a Kommu-nikationsminister virleien, hunn zwee Opérateuren ugin, Equipementer vu chineeseschen Hiersteller am Beräich vun den Antennen a Basisstatiounen (dem sougenannte RAN - „Radio Access Network“) benotzt ze hunn. Mee bei den zentralen an domat kriteschsten Elementer vun de Lëtzebuerger Mobil-funkreseauen, sinn an der genannter Period keng Produite vun net europäesche Fournisseurs age-sat ginn.

Wat d’Situatioun vun de 5G-Reseaunen ugeet, esou deploéieren d’Mobilfunkopérateuren exklusiv 5G-Technologie vum europäesche Fournisseurs. Et gëtt och vun der Dynamik profitéiert, fir d’Reseae vun de viregte Generatiounen mat europäescher Technologie ze erneieren.

Et sief an deem Kader och op d’Äntwert op d’parla-mentaresch Fro N° 5642 verwisen, déi rezent zu dem Thema informéiert huet.

**Question 5714** (08.02.2022) de **M. Léon Gloden** (*CSV*) concernant le **trafic de transit** :

De Phenomeen vun de Camionneuren am Transit-verkéier, déi an der Géigend vun de Grenzuertschaf-ten onerlaabterweis vun der Autobunn eroffueren, fir op enger Tankstell ausserhalb vum Autobunnsre-seau den Tank vun hirem Gefier vollzemaachen a sech mat Artikelen aus dem Tankstelleshop anze-decken, hält mengen Informatiounen no aktuell staark zou. Fir déi betreffen Uertschafte bedeit dat, dass d’Pollutioun, de Verkéier an déi domat ver-bonne Geforen eropginn, an d’Liewensqualitéit vun de Bierger parallel dozou erofgeet. Guer net ze schwätze vun de Stroossen, déi duerch de Schwéierverkéier zousätzlech belaascht ginn.





Eng Plaz am Land, wou een dës Entwécklung ganz gutt gesi kann, ass d'Offaart Mäertert/Waasserbëlleg op der Autobunn A1 a Richtung Tréier. Hei fuehren d'Camionneure vun der Autobunn erof, fir sech op enger vun den Tankstellen tëschent Mäertert a Waasserbëlleg ze approvisionéieren. De Schafferot vun der Gemeng Mäertert huet sech ganz rezent iwwer dëse Problem beim zoustännegen Minister beschwéiert.

An dësem Kontext wëllt ech folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un den Här Minister fir ëffentlech Sécherheet stellen:

- Wéi gedenken déi Häre Ministeren, op dee beschriwwene Problem mam Transitverkéier ze reagéieren?

- Wéi eng Kontrolle sinn aktuell dofir virgesinn an an wéi engem Rhythmus gi se duerchgefouert?

- Wéi eng zousätzlech Mesurë ginn envisagéiert, fir ze evitéieren, dass d'Camionen am Transitverkéier weiderhi vun der Autobunn eroffueren, fir an enger Uertschaft ze tanken?

**Réponse commune** (16.03.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

De beschriwwene Phenomeen vun de Camionneuren am Transitverkéier, déi onerlaabterweis vun der Autobunn eroffueren, fir tanken ze goen, ka vun der Police net beluecht ginn.

D'Problematik vum Transitverkéier gouf schonn an de parlamentaresche Froen N° 0687 vum 13. Mee 2019 vun der honorabler Deputéierter Carole Hartmann an N° 5657 vum 2. Februar 2022 vum honorabelen Deputéierte Carlo Weber traitéiert. Obwuel et sech bei der Fro N° 0687 spezifesch ëm d'lechternacher Transitstreck gehandelt huet, bleiwen d'Problematik an d'Léisungen ëmmer déi selwecht.

Esou sinn am ofgeännerte groussherzogleche Règlement vun 5. Mee 1994 iwwert den Transitverkéier (RGD du 5 mai 1994 limitant la circulation de transit sur une partie de la voie publique), woubäi den Transit am Artikel 1 wéi follegt définéiert ass „mouvement caractérisé par le fait que le véhicule en question ne fait l'objet d'aucune rupture de charge sur le territoire du Grand-Duché“, dann och kloer d'Itinéraires opgelëscht, déi vu Camionen, déi am Transit sinn, agehale gi müssen.

Fir d'Camionschaufferen op dës Gesetzgebung opmierksam ze maachen, stinn um ganze Réseau op de betraffene Plaze speziell Schëlde, déi sech un den Transitverkéier adresséieren.

Wat elo d'Situatioun op der A1 bei der Ausfaart Mäertert/Waasserbëlleg ugeet, sou sinn d'Offaarte Waasserbëlleg (Echangeur 15), Mäertert (14) a Potaschbiërg (13) fir Gefierer, déi ënnert d'Dispositioun vum der Transitgesetzgebung falen, gespaart. Ausserdeem dierfen dës Gefierer um CR141 hannert dem Rond-point bei der Aire zu Waasserbëlleg net a Richtung vun der N10 fuehren, mat Ausnam vum Trafic a Richtung „Schotterwerk Moersdorf“.

An deem Zusammenhang muss och festgehalé ginn, dass de Gros vun de Camionen, déi sech ausserhalb vun den Transitstrecken befannen, net zwangsleefeg géint d'Transitbestëmmunge verstoussen. Vill vun dëse Camionen fueren entweeder Industriezonen un, kommen aus dem Ausland iwwert eng Nationalstrooss an d'Land eran oder müssen zum Beispill an den Hafe vu Mäertert. An dëse spezifesch Fäll verstéisst de Camionneur dann och net géint d'Transitbestëmmungen.

D'Police ass kontinuierlech bestrieft, am Beräich vum Transitverkéier punktuell a spontan Kontrollen duerchzuféieren, an zwar e puer Mol an der Woch an dat op alle bekannten Transitstrecken. Des Weidere ginn och op deene selwechten Transitstrecken e puer Mol am Joer gréisser Kontrollen organiséiert. Wann een elo awer d'Zuel vun de sanktionéierte Verstéiss géint d'Transitbestëmmungen vun deene leschte véier Joer kuckt, muss ee feststellen, dass déi vun 1.255 am Joer 2018, 930 am Joer 2019, 370 am Joer 2020 op schliisslech 276 am Joer 2021 zeréckgaange sinn. Och wann dëse Réckgang sech, virun allem fir d'Joer 2020 an 2021, zum Deel duerch d'Mesuren, déi souwuel zu Lëtzebuerg wéi och am europäeschen Ausland am Kader vun der Covid-19-Pandemie getraff goufen an en direkten Afloss op de Stroosseverkéier haten, erkläre léisst, kann een trotzdem zeréckbehalen, dass d'Zuel vu konstatéierte Verstéiss verhältnisméisseg kleng ass par rapport zum tatsächlechen Camionstrafic op deene jeeeweilegen Transitstrecken.

**Question 5732** (10.02.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant les **subsidés pour la promotion de l'électromobilité** :

D'Lëtzebuurger Regierung subventionéiert massiv d'Elektromobilitéit.

Heizou wëllt ech der Madamm Finanzminister, dem Här Wirtschaftsminister an dem Här Mobilitéitsminister dës Froen stellen:

1. Ass déi eesäiteg Subventionéierung vun Elektroautoen net eng Verzerrung vum (fräie) Markt? Wéi wäit ass dat mat den EU-Reegele kompatibel? Wat seet d'OECD zu dëser Praxis, a gëtt et Protester vun Net-EU-Länner?

2. Wéi laang wëll d'Lëtzebuurger Regierung mat der Subventionéierung vun E-Autoen nach virumaachen?

3. Wéi vill Suen huet, zënter hirer Aféierung, d'Subventionéierung vum Elektroauto Lëtzebuerg kascht?

**Réponse commune** (29.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*, de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

ad 1. Et besteet Konsens, datt den Iwwergang zur Klimaneutralitéit muss acceleréiert ginn, ënner anere duerch een Zesummespill vu finanziellen Ureizer a gesetzleche Verpflichtungen. Dës Opfaassung gëtt och um Niveau vun der Europäescher Unioun gedeelt. De Programm vun der Subventioun passt optimal an den EU Green Deal, a gouf och als Deel vun der Relance verte vun der Europäescher Kommission akzeptéiert. D'OECD, an hirem „Examen des performances environnementales du Luxembourg“, begreift, datt Lëtzebuerg dës Subventionéierung agefouert huet: « Une demande plus forte est nécessaire pour élargir les marchés des biens et services plus propres [...] Les principaux obstacles à l'éco-innovation sont le marché intérieur restreint et la demande encore faible pour les technologies, produits et services plus écologiques. Des mesures telles que les subventions en faveur des voitures et des vélos électriques et l'obligation que tous les nouveaux bâtiments soient à consommation d'énergie quasi nulle contribuent à stimuler la demande pour des solutions de transport et de construction plus propres. » Enn 2021 hu 17 Länner aus der Europäescher Unioun de Kaf vun elektreschen Autoe finanziell ënnerstëtzt. Do derneft kommen nach bal an all Memberstaat steierlech Avantagé fir Elektroautoen. Protester vun Net-EU-Länner sinn net bekannt.

ad 2. D'Subventioun si rezent verlängert gi fir eligibel Gefierer mat engem Kafkontrakt, dee bis den 31. März 2024 ofgeschloss gëtt. D'Situatioun wäert zu deem Zäitpunkt dann nei evaluéiert ginn.

ad 3. Bis zum 1. März 2022 goufe knapp 34 Milliounen Euro u Subside fir Elektrogefiere ausbezuegt. Et sief och nach emol drun ernimmt, datt net nëmmen Elektrogefiere finanziell ënnerstëtzt ginn, mee déi emissiounsfräi Mobilitéit insgesamt, mat ënner anere dem Vëlo an dem Pédélec souwéi och déi mat Waasserstoff bedriwwen Gefierer.

**Question 5775** (16.02.2022) de **MM. Mars Di Bartolomeo** et **Yves Cruchten** (*LSAP*) concernant la **rénovation thermique des bâtiments** :

La Commission européenne vient de mettre les pays membres de l'UE au défi de rénover 30 millions de bâtiments d'ici à 2030. Ces bâtiments constituent les 15 % d'immeubles les moins performants en matière d'énergie de leurs parcs nationaux.

La Commission est d'avis que cette rénovation thermique est un élément-clé pour atteindre les objectifs de réduction de 55 % des émissions de carbone d'ici 2030 par rapport à 1990. Actuellement, dans les pays membres de l'UE, seul 1 % du parc immobilier fait l'objet d'une rénovation énergétique, taux très insuffisant pour satisfaire aux objectifs du Pacte Vert.

Aussi la Commission entend-elle interdire à partir de 2027, les incitations financières liées à l'installation de chaudières à combustible fossile. Bruxelles propose finalement qu'à partir de 2027 pour le secteur public respectivement 2030 pour le privé, tous les nouveaux bâtiments soient « zéro émission ». Pour réaliser ces objectifs, la Commission promet un soutien financier de l'ordre de 150 milliards d'euros via les fonds européens.

1) Nous aimerions savoir de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, de Monsieur le Ministre de l'Énergie, de Monsieur le Ministre du Logement et de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics comment se présente la situation en matière de rénovation thermique au Luxembourg et quel est le pourcentage atteint annuellement.

2) Quelles seront les conséquences des propositions de la Commission pour notre pays ?

3) Quelles incitations financières sont envisagées et quelles incitations risqueront de tomber ?

4) Quel est le potentiel de réduction des émissions CO<sub>2</sub> par le biais de ce vaste programme de rénovation thermique ?

5) Dans quelle mesure le Luxembourg pourrait-il profiter des subventions européennes et comment ces moyens seront redistribués en faveur des ménages ?

**Réponse commune** (29.03.2022) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie*, de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, de **M. Henri Kox**, *Ministre du Logement*, et de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1) Au Luxembourg, la rénovation thermique des bâtiments constitue un élément-clé pour atteindre les objectifs en matière d'économies d'énergie et de réduction des émissions de gaz à effet de serre que notre pays s'est fixés dans son Plan national intégré en matière d'énergie et de climat (PNEC). Le PNEC prévoit que les mesures planifiées en matière de performance énergétique des bâtiments d'habitation et fonctionnels, dont la rénovation thermique, conduisent à une économie d'environ 4 TWh à l'année 2030 par rapport au scénario de référence (voir PNEC, chapitre 2.2). Ces objectifs et mesures sont concrétisés dans la stratégie de rénovation à long terme du Luxembourg (LTRS du titre anglais : Long Term Renovation Strategy) à laquelle nous renvoyons pour les détails sur lesquels se base cette réponse.

La dynamique de l'économie luxembourgeoise, accompagnée d'une forte augmentation de la population, conduit à des taux de construction et de démolition largement supérieurs aux moyennes européennes. Les nouvelles constructions de bâtiments d'habitation et fonctionnels remplissent aujourd'hui le standard NZEB (Nearly Zero-Energy Buildings) de bâtiments dont la consommation d'énergie est quasi nulle. Ainsi, le remplacement d'un bâtiment existant par une nouvelle construction conduit généralement à une amélioration en matière de performance énergétique. Le volet de la rénovation thermique de bâtiments est cependant plus complexe. Comme l'explique la LTRS, la « profondeur » d'une rénovation thermique peut varier fortement en fonction des mesures mises en œuvre. L'exemple d'un simple remplacement de fenêtres à simple vitrage vers un triple vitrage illustre bien la problématique. D'un côté, ce remplacement pourra être désigné de rénovation thermique comme la résistance thermique des fenêtres est clairement augmentée. De l'autre côté, cette mesure n'améliore guère la performance énergétique du bâtiment en question si elle n'est pas accompagnée de mesures complémentaires visant les autres éléments de l'enveloppe thermique du bâtiment (isolation des façades, de la toiture, etc.). En effet, le flux thermique suit toujours la voie de la moindre résistance et on peut donc dire de manière très simplifiée que la chaleur s'échappe à travers l'élément de l'enveloppe thermique ayant la moindre résistance thermique. Par conséquent, le Gouvernement vise à promouvoir la rénovation thermique profonde des bâtiments, où l'enveloppe thermique entière est optimisée lors d'une rénovation.

Pour les bâtiments d'habitation, la LTRS estime que le taux de rénovation annuel (relatif à la surface de l'enveloppe thermique) se situe entre 0,4 et 1,0 %/a.

En ce qui concerne les immeubles étatiques gérés par l'Administration des bâtiments publics, l'assainissement énergétique des bâtiments d'envergure a été priorisé ces dernières années afin d'avoir un impact significatif sur les consommations globales de l'État.

En tout, environ 55 projets d'assainissement énergétique profond ont été finalisés depuis 2010. S'y rajoute un grand nombre de petits projets de rénovation, dont les mesures réalisées permettraient un meilleur classement lors de l'établissement d'un certificat de performance énergétique (CPE), et qui par conséquent rempliraient les critères des bâtiments visés par les objectifs du Pacte vert.

En considérant les bâtiments du patrimoine de l'administration, ni protégés (classés monument national ou sous protection communale), ni réalisés postérieurement à l'an 2000, le taux annuel de rénovation depuis 2010 a été de l'ordre de 0,7 % en nombre par rapport au nombre total des bâtiments, et d'environ 1,5 % par rapport à leur surface. Le coût total des projets de rénovation portait sur quelque 690 millions d'euros, dont plus ou moins 10 % des coûts ont été directement liés à des mesures concrètes et spécifiques d'assainissement énergétique.

Le projet de la Commission européenne prévoit que 15 % des bâtiments les moins performants doivent faire l'objet d'un projet d'assainissement énergétique jusqu'en 2030. À ce stade, il est pourtant impossible de déterminer le nombre exact de bâtiments sous gestion de l'Administration des bâtiments publics qui vont tomber sous ce seuil de 15 % du parc immobilier national, puisque le niveau de performance exact, qui correspond à ce seuil, n'a pas encore été déterminé au niveau national.

ad 2) Les propositions de la Commission dans le cadre de la révision de la directive sur la performance énergétique des bâtiments (EPBD de l'an

glais : Energy Performance of Buildings Directive), actuellement en cours de négociation concernant le taux de rénovation thermique, sont supportées par le Luxembourg tout en sachant qu'elles signifient une augmentation de la demande pour le secteur de la construction. L'interdiction d'incitations financières liées à l'installation de chaudières à combustible fossile n'a aucun impact pour le Luxembourg, comme de telles subventions étatiques n'existent plus depuis longtemps. Par contre, une telle interdiction nécessiterait, le cas échéant, une adaptation au niveau du mécanisme d'obligations en matière d'efficacité énergétique. Avec les standards élevés en matière de performance énergétique au Luxembourg déjà atteints par les nouvelles constructions sur base de la législation actuelle, nous estimons que le pas vers le bâtiment « zéro émission » est tout à fait logique et supporté par notre pays.

En ce qui concerne le patrimoine géré par l'Administration des bâtiments publics, le nombre de bâtiments non protégés est de l'ordre de quelque 1.140 unités. Un taux de rénovation de 15 % représenterait donc 170 projets d'assainissement énergétique jusqu'en 2030. Le nombre annuel à atteindre dépendra de la date à laquelle les propositions prendront effet au niveau national.

Étant donné qu'un projet d'assainissement énergétique profond prend en moyenne entre 2 et 3 ans minimum depuis le début des planifications jusqu'à sa réalisation, le nombre de projets en cours simultanément devra donc être nettement plus important que le nombre de projets réalisés annuellement.

Afin de pouvoir répondre à la demande d'assainissement énergétique croissante, les capacités en ressources humaines de l'Administration des bâtiments publics devront être considérablement augmentées. En ce qui concerne les bureaux d'architectes, les bureaux d'études et les entreprises, la situation se présente de façon similaire qui peinent également à trouver du personnel qualifié au vu de l'évolution actuelle du secteur de la construction en pleine croissance.

Cette situation sera d'autant plus difficile que la pénurie globale de main d'œuvre et de matériaux va s'intensifier notamment avec le lancement du programme de rénovation thermique dans tous les pays de l'Europe.

ad 3) Les incitations financières actuelles sont basées sur la révision en cours du régime PRIME House qui prendra effet rétroactif au 1<sup>er</sup> janvier 2022. Pour ce qui est des travaux d'assainissement énergétique, les subventions continueront de se situer à un niveau très attractif, les montants étant désormais clairement structurés en fonction de la catégorie des matériaux isolants (fossiles, minéraux, écologiques). La promotion des matériaux d'isolation écologiques est renforcée. Quant aux installations techniques valorisant les sources d'énergie renouvelables, les changements visent avant tout à rendre les alternatives aux énergies fossiles plus accessibles. Ils encouragent encore davantage le remplacement des anciennes chaudières basées sur les énergies fossiles par une pompe à chaleur, un raccordement à un réseau de chaleur ou une chaudière à bois, moyennant un bonus de remplacement et d'amélioration du système de chauffage. À cela s'ajoute une aide spécifique supplémentaire pour la neutralisation et le recyclage du réservoir au fioul.

En outre, la réforme proposée par le Ministre du Logement concernant les aides individuelles au logement (doc. parl. n° 7938) prévoit l'introduction d'une « prime d'amélioration pour assainissement énergétique », qui constitue en fait un supplément de prime à l'aide financière accordée dans le cadre de la législation « PRIME House ». Au cas où le bénéficiaire d'une telle aide financière remplit notamment des conditions de plafond de revenu, il pourra bénéficier d'un supplément d'aide financière sous forme de « prime d'amélioration pour assainissement énergétique », pouvant représenter jusqu'à 40 % du montant de la « PRIME House ».

ad 4) L'ensemble des efforts mis en œuvre et prévus dans le domaine des bâtiments résidentiels et tertiaires, aussi bien en matière d'amélioration de l'efficacité énergétique que de recours aux sources d'énergie renouvelables, vise une réduction des émissions de gaz à effet de serre de 64 % en 2030 par rapport au niveau de 2005.

ad 5) Le soutien financier de l'ordre de 150 milliards d'euros proviendrait, selon les propositions de la Commission européenne, de plusieurs sources, notamment le Fonds européen de développement régional, le Fonds de cohésion et la Facilité pour la reprise et la résilience. Le nouveau Fonds social pour le climat (FSC) proposé mobiliserait également 72,2 milliards d'euros provenant du budget de l'UE pour la période 2025-2032 afin de soutenir les ménages, notamment ceux qui vivent dans les bâtiments les moins performants. La proposition prévoit 0,10 % de l'allocation financière totale maximale pour le







Luxembourg, soit 73,5 millions d'euros pour la période 2025-2032.

**Question 5799** (23.02.2022) de **M. Fred Keup (ADR)** concernant **l'examen de promotion** :

Persounen, déi beim Staat ugestallt sinn, sief dat als Fonctionnaire oder als Employé de l'État, hunn d'Méiglechkeet, duerch eng zousätzlech Ustrengung an der Karriär ze klammen, respektiv hire Grad ze wiesselen. Leider schéngt et esou ze sinn, datt d'Dispositionnen, déi virgesi sinn, als Fonctionnaire an als Employé an der Karriär ze klammen, net ganz equilibriéiert a fair sinn. Wëll e Fonctionnaire (B1), deen zum Beispill op der Steierverwaltung schafft, vum Grad 8 an de Grad 9 klammen, geet et fir dësen duer, e Promotionsexamen ze maachen iwwert de Wee vun engem schréfftleche Memoire. En Employé de l'État (B1), deen op där selwechter Verwaltung schafft an deen och vum Grad 8 an de Grad 9 klamme wëll, muss awer am Ganze siwen Exame maachen - dräi intern Verwaltungsexamen a véier Examen um INAP. Et stellt sech also d'Fro, firwat en Employé de l'État, deen ee méi niddrege Punktwäert ewéi e Fonctionnaire an där nämmelechter Karriär huet, et vill méi schwéiergemaach kritt, fir am Grad ze klammen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister vum éffentlechen Déngscht:

1. Ass den Här Minister net der Meenung, datt et weeder gerechtfäerdigt, nach fair ass, datt en Employé de l'État et weesentlech méi schwéiergemaach kritt ewéi e Fonctionnaire, deen an där nämmelechter Karriär schafft, fir am Grad ze klammen?

2. Wa jo, wéi eng konkreet Schrëtt gedenkt d'Regierung elo ze ënnerhuelen, fir déi uewe beschriwwen Ongerechtegkeeten ze behiewen? A wéi engem zäitliche Kader ka mat der Ëmsetzung vun dëse Schrëtt gerechent ginn?

3. Firwat gi vum INAP keng Coursen organiséiert, déi am Hiblëck op den Inhalt gläichesetze si mat deene Coursen, déi de Fonctionnaire-stagiaire absolviere muss, wann e beim Staat ufänkt?

**Réponse** (29.03.2022) de **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique** :

De Promotionsexame vum Fonctionnaire gëtt iwwer Reglement fir déi jeeweileg Verwaltung definiert. Op dës Texter huet de Minister vun der Fonction publique keen direkten Afloss. De Carrières-exame vum Employé gëtt fir all d'Employéë beim Staat an engem Reglement definiert.

Dem honorabelen Deputéierte seng Fro vermëttelt den Androck, wéi wann hien der Meenung wier, datt den Effort fir e Memoire ze recherchieren an ze redigieren net opwenneg wier. Dëst ass eng Vue, déi net vu mir gedeelt gëtt. Et kann een net Äppel a Bire matenee vergläichen. All Ustrengunge fir sech weiterzuentwëckelen an op seng Kompetenzen, seng Talenter, säi Potenzial a säi Wësse geprëft ze ginn, sinn op hir Aart a Weis wichteg a richtig.

De Ministère vun der Fonction publique huet sech bis ewell ëmmer beméit, d'Critère vun all den Examen am Blëck ze hunn a se ze moderniséieren, wann dëst sech sollt als nëtzlech erweisen. Dës Approche wäert och esou weidergefuert ginn.

**Question 5802** (23.02.2022) de **M. Marc Goergen (Piraten)** concernant **l'impact des sanctions contre la Russie sur l'alimentation en gaz** :

D'EU ass sech eens, dass déi russesch Annexioun vun der Ostukrain wäert wirtschaftlech Konsequenzen no sech zéien. Inwiefern dës Moosname Russland wirtschaftlech treffen wäerten, bleift onkloer. Kloer ass awer, dass d'wirtschaftlech Moosnamen an déi russesch Géigemoosnamen och wäerten d'EU-Länner treffen, zum Beispill um Energiemaart, wou Länner, wéi Däitschland, iwwert d'Hallschent vun hire Gasliwwerungen aus Russland bezéien. Lëtzebuerg selwer importéiert Gas aus Däitschland an aus der Belsch.

An deem Zesummenhang wëllt ech de Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa a fir Energie dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kubikmeter Gas, déi all Joer hei am Land verbraucht ginn, entsprangen aus Russland? Wéi vill Prozent vum Gasverbrauch sinn op russesch Quellen zeréckzeféieren?

2. Rechent d'Regierung mat kuerzfristegen Auswierkunge fir d'Versuergungssécherheet mam Gas zu Lëtzebuerg bis den nächste Wanter? Falls jo, wéi preparéiert de Staat sech dorobber?

**Réponse** (28.03.2022) de **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie** :

ad 1. Sou wéi och schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5680 duergestallt, weise Statistike vum Institut luxembourgeois de régulation (ILR), dass 2020 8.028 GWh oder 730 Milliounen m³

Äerdgas importéiert goufen. 78 % (6.255 GWh oder 569 Milliounen m³) vum Äerdgas sinn am Joer 2020 aus der Belsch importéiert ginn an 22 % (1.773 GWh oder 161 Milliounen m³) aus Däitschland. Laut de leschte verfügbaren Informatiounen, stamen 2019 an der Belsch manner wéi 10 % Äerdgas aus Russland an an Däitschland kommen ongeféier 55 % vum importéierten Äerdgas aus Russland. Eng rezent Kommunikatioun vun der Europäescher Kommission<sup>1</sup> weist, dass am Joer 2021 45,3 % Äerdgas aus Russland an d'Europäesch Unioun importéiert gi sinn.

An der Belsch, wat mat Lëtzebuerg eng gemeinsam Maartzon am Gas bilt, ass den Undeel vun Äerdgas aus Russland zënter 2021 weider erofgaangen, wéinst alternative Sourcen, besonnesch aus Norwegen, an duerch d'Erhéijung vun den Importer vu flëssegem Äerdgas (LNG) iwwert den LNG-Terminal zu Zeebrugge.

Par rapport zur leschter Publikatioun vum Statec vun 2017, déi en Taux vu 27,2 % fir russeschen Äerdgas hei zu Lëtzebuerg ugëtt, kann een deemno dervun ausgoen, dass den Undeel vum Äerdgas, dee physesch aus Russland op Lëtzebuerg kënnt, aktuell däitlech méi niddereg läit.

ad 2. D'ENTSOG, den Daachverband vun den europäesche Gastransportnetzbedreiwer, huet viru kuerzem a senger Analys während engem „Gas Coordination Group“, dee reegelméisseg vun der Europäescher Kommission organiséiert gëtt, gewisen, dass duerch d'Diversifikatioun vun den Äerdgasimporter an Europa, ënner anerem duerch ëmmer méi Importer vu flëssegem Äerdgas, den aktuellen Niveau vun den Äerdgasstocken an Europa an de relativ mëlle Wanter, d'Versuergung vum Äerdgas fir dëse Wanter geséchert ass. Zu dëser aktueller Aschätzung kommen och déi International Energy Agency (IEA) an d'Europäesch Kommission.

Enn 2021 hunn ech eng Debatt mat mengen europäeschen Energieministerkollege lancéiert, fir iwwert eng Bewäertung vum Fonctionnement vun den Äerdgasstocken an den Akafstrategien an Europa ze diskutéieren. No dëse Gespréicher hunn ech en Aarbechtsgrupp um Niveau vum „Pentalateral Energy Forum“ initiéiert, dee Verrieder vun de Ministère vun den dräi Benelux-Länner souwéi Däitschland, Frankräich, Eisträich an der Schwäiz zesummebréngt, fir en Austausch ze organiséieren bezüglech bewäerte Praktiken a méigleche reglementareschen a gesetzlechen Upassungen, fir sécherzestellen, dass ënnerierdesch Äerdgasstocken ëmmer genügend am Ufank vun de Winterperiode gefëllt sinn. Dës Approche gouf vun all de Partipanten appreciéiert an ënnerstëtzt, an ass och e wichtegt Thema ginn, op deem de Moment och op europäeschem Niveau intensiv geschafft gëtt. Déi virdrun ugeschwate rezent Kommunikatioun vun der Europäescher Kommission<sup>2</sup> stellt eng Rei konkreet Moosname vir, fir an der aktueller kritescher Lag a Bezuch op d'Versuergungssécherheet an och déi héich Energiepräisser entgéintwierken ze kënnen.

Fir d'Ofhängegkeet vun Europa vu fossille Brennstoffen däitlech ze reduzéieren, plädéiert d'Europäesch Unioun, a Lëtzebuerg ganz besonnesch, fir eng beschleunegt Ëmsetzung vum „Fit for 55“-Package, deen d'Zäregasemissiounen bis 2030 ëm 55 % reduzéieren an d'Importofhängegkeet massiv reduzéiere soll. Fir dëst Zil ze erreechen, mussen besonnesch d'Entwécklung vun erneierbaren Energien an d'Energieeffizienz massiv weidergedriwwen ginn.

**Question 5810** (24.02.2022) de **M. Fred Keup (ADR)** concernant **la production nationale de gaz** :

De Gaspräis geet aktuell staark an d'Luucht. D'Zertifizéierung vun der geplangte Pipeline Nord-Stream-2 ass op Äis geluecht ginn, an den däitsche Wirtschaftsminister huet gesot: „Die Einseitigkeit der Abhängigkeit von einem Lieferanten, der geopolitisch unverlässlich ist, gilt es zu überwinden [...] Wir werden darum kämpfen müssen, die Abhängigkeit von Gas zu reduzieren.“

Och zu Lëtzebuerg gëtt an de Biogasanlage Gas produzéiert. Allerdéngs funktionéieren dës aktuell, entgéint deem, wat ee kéint unhuelen, net op vollen Touren. Esou leeft d'Biogasanlag zu Kielen aktuell op 25 Prozent vun hirer Kapazitéit. Dës Biogasanlag ass iwwerdeems zënter enger gudder Zäit mat finanzielle Problemer konfrontéiert, esou datt en definitive Stopp vun der Produktioun ëmmer méi warscheinlech gëtt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass d'Regierung averstane mat den Aussoe vum däitsche Wirtschaftsminister?

<sup>1</sup> COM(2022) 108 final du 8 mars 2022: REPowerEU : Action européenne conjointe pour une énergie plus abordable, plus sûre et plus durable

<sup>2</sup> COM(2022) 108 final du 8 mars 2022: REPowerEU : Action européenne conjointe pour une énergie plus abordable, plus sûre et plus durable

2. Ass d'Regierung gewëllt, déi national Produktioun vum Gas ze stäerken? Wa jo, wéi soll dësen Engagement konkreet ausgesinn?

3. Wéi schätzt d'Regierung d'Méiglechkeeten an, fir elo, aus deem uewe genannten aktuellen Uleies, de Biogasanlage bäizestoen, respektiv ze hëllefen, fir d'Produktioun op 100 Prozent ze erhéien?

4. Wier d'Regierung an deem Kontext bereet, elo kuerzfristig finanziell Mëttel bereet ze stellen?

5. Wéi schätzt d'Regierung d'Méiglechkeeten an, datt de Staat, respektiv eng Firma, an där de Staat Aktionär ass, d'Biogasanlage kéint iwwerhuelen?

6. Wier d'Regierung bereet sech dofir anzesetzen, datt de Biomüll elo prioritär an d'Biogasanlage bruecht gëtt amplaz a Kompostanlagen? Géif dëst net souwisou der Zäregaspolitik vun der Regierung entsprechen, vu datt hei weesentlech manner Methan an d'Atmosphär ausgestouss gëtt?

**Réponse commune** (29.03.2022) de **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie**, et de **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable** :

ad 1. D'Regierung ass mat der Ausso vum däitsche Bundesminister fir Wirtschaft a Klimaschutz averstane. Lëtzebuerg importéiert praktesch 100 % vum Äerdgas aus der Belsch an aus Däitschland. Déi national Produktioun beschränkt sech op de Biogas, deen an dräi Biogasanlagen opbereet gëtt an als Biomethan an d'Äerdgasnetz agespeist gëtt. Laut dem Institut luxembourgeois de régulation (ILR) goufe 4,8 Mio. Nm³ Biomethan 2021 an d'Äerdgasnetz agespeist, wat ronn 0,6 % vun dem nationale Gasverbrauch entsprécht. D'Regierung gesäit vir, duerch den nohaltegen Ausbau vun der Biogasproduktioun an aneren erneierbaren Energiequellen, souwéi duerch d'Steigerung vun der Energieeffizienz, d'Importofhängegkeet vun Dräitländer ze reduzéieren a gesäit grouss Potenzialer beim Wiessel vu Gas a Pétrol Richtung Stroum fir dës Ofhängegkeet ze reduzéieren.

ad 2. Am nationalen Energie- a Klimaplang ass et virgesinn, d'Biogasproduktioun ëm 28 % auszebaue bis 2030. Am Kader vun der Biogasstrategie ginn d'Tariffer fir d'Aspeise vu Biomethan fir nei Anlagen iwwerschaaft. Niewent der Aféierung vun enger Kategorie fir Klenganlagen ass et ugeduecht, e sogenannte „Güllebonus“, ee finanziellen Ureiz fir d'Verwäertung vu Gülle a Mësch, anzeféieren. Fir de bestoenden Anlagen eng Perspektiv no dem Enn vun hirem Aspeisevertrag ze ginn, ass et ausserdeem virgesinn, ee residuellen Tarif anzeféieren an d'Modalitéite fir d'Anlagenerneierung festzelleën. Niewent der Biomethanproduktioun ginn d'Tariffer fir d'Verstroumung vum Biogas méi attraktiv gestalt.

ad 3. Laut de Produktiounsdonnéeë vum Institut luxembourgeois de régulation (ILR) hunn zwou vun dräi Biomethananlagen an der Moyenne 98 % vun dem am Register ugemellten Aspeisevolumen erreecht. Beim Produktiounsreckgang schéngt et sech ëm een anlagenspezifesch Problem ze handeln. Mat der betraffener Anlag si meng Servicier säit 2020 a reegelméissegem Austausch.

ad 4. Aktuell gëtt den Dossier mat den neien Tariffer virbereet, duerno muss de Regime fir d'Éischt vun der EU-Kommission autoriséiert ginn. Et ass virgesinn, datt déi nei Tariffer fir Biomethan Enn 2022 a Kraaft triede wäerten.

ad 5. Meng Servicier stinn a reegelméissegem Kontakt mat de Biogasanlagebedreiwer. Et gëtt aktuell keng konkreet Demande säitens de Bedreiwer fir d'Biogasanlagen ze iwwerhuelen. Meng Servicier hunn héieren, datt déi ugeschwaten Anlag sech amgaangen ass nei opzestellen.

ad 6. Net all d'Biooffäll si géeeigent fir an eng Biogasanlag verschafft ze ginn. Esou kënnen zum Beispill Biomass mat héijem Lignocellulose-Undeel nëmme bedéngt a Biogasanlage verschafft ginn. Wann een eng lokal Gestiou vun de Biooffäll wëllt sécherstellen, muss een op verschidde Filiëren (Kompost a Biogas) zeréckgräifen. Duerch déi nei Tarifstruktur (Äntwert op 2. Fro) soll sech déi agesate Quantitéit vu Gülle a Mësch an de Biogasanlagen erhéien. Et ass net geplangt Ureizer ze schafen, déi konträr zu Ëmwelt-, Klimaschutz- an Nohaltegeeketsziler wieren. De verstärkten Asaz vu Biooffäll bzw. Energieplanzen an de Biogasanlage géif zu engem weidere Stéckstoffantrag an de landwirtschaftleche Sektor féieren, wat erëm en Impakt op d'Waasser- a Loftqualitéit huet.

**Question 5811** (24.02.2022) de **M. André Bauler (DP)** concernant **le devoir de vigilance** :

La Commission européenne a présenté mercredi 23 février sa proposition de loi sur la bonne gouvernance des entreprises dans le but de responsabiliser les entreprises en matière de droits humains et de respect de l'environnement.

En effet, ce projet de directive sur la gouvernance d'entreprise durable a pour objectif de contraindre

les firmes à mieux prévenir les violations des droits de l'homme et les préjudices environnementaux tout au long de leur chaîne d'approvisionnement en introduisant un devoir de vigilance.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie :

1) Quelles sont les entreprises luxembourgeoises concernées tout particulièrement par un devoir de vigilance ? À quelle branche appartiennent-elles ? Est-ce que ces entreprises ont d'ores et déjà fait des efforts proactifs en ce qui concerne le respect des droits humains et le respect de l'environnement tout au long de leur chaîne d'approvisionnement ?

2) Quels sont les produits qui sont plus susceptibles que d'autres de ne pas respecter les critères exigés en matière de droits humains et de respect de l'environnement ?

3) Le ministère a-t-il organisé des pourparlers avec les milieux économiques visés au sujet d'un droit de vigilance applicable aux entreprises luxembourgeoises ? Dans l'affirmative, quelles en sont les conclusions provisoires ?

4) Sachant que la France et l'Allemagne ont légiféré en la matière, mais que leurs lois respectives diffèrent largement, le Luxembourg plaide-t-il pour une harmonisation au niveau européen concernant le droit de vigilance ?

5) Quelle est la position de votre ministère relative au projet de directive présenté par la Commission européenne ?

**Réponse commune** (29.03.2022) de **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie**, et de **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** :

ad 1) En amont, les entreprises concernées par le devoir de vigilance sont avant tout des entreprises important des produits bruts et des matières premières directement en provenance de pays hors de l'OCDE, dont les normes et conditions locales apparaissent plus souvent moindres. Néanmoins, lorsque ces importations transitent d'abord par un importateur établi dans l'Union européenne, avant d'être fournies aux entreprises luxembourgeoises, ce qui est souvent le cas, cet importateur aura la principale charge d'effectuer le devoir de vigilance.

Le devoir de vigilance s'applique aussi en aval, lorsque les entreprises luxembourgeoises exportent directement leurs produits vers ces mêmes pays.

Les services sont également visés, encore que l'importation de certaines matières premières et de produits transformés ou manufacturés semble devoir être privilégiée.

Le texte proposé par la Commission européenne prévoit que les petites et moyennes entreprises (PME) soient exclues (sont concernées les entreprises dont le nombre de salariés et le chiffre d'affaires dépasse 500 travailleurs et 150 millions de chiffre d'affaires, respectivement 250 travailleurs et 40 millions de chiffre d'affaires pour les secteurs à risque, désignés dans la directive). Cela limite le nombre d'entreprises luxembourgeoises qui tomberaient sous le champ d'application de la proposition de texte.

De nombreuses entreprises luxembourgeoises entreprennent d'ores et déjà des efforts proactifs en matière de devoir de vigilance. Certaines traduisent cette démarche dans le cadre du Pacte national Entreprises et droits de l'homme, élaboré en ligne avec le Plan d'action national du Luxembourg pour la mise en œuvre des Principes directeurs des Nations Unies relatifs aux entreprises et aux droits de l'homme, en rejoignant des associations comme l'Union luxembourgeoise de l'économie sociale et solidaire (ULESS), ou encore en sollicitant le label Entreprise socialement responsable de l'INDR (Institut national pour le développement durable et la responsabilité sociale des entreprises), qui est une émanation de l'UEL (Union des entreprises luxembourgeoises).

Enfin, il faut rappeler que le Ministère de l'Économie et la Direction de la coopération au développement et de l'action humanitaire du Ministère des Affaires étrangères et européennes ont été précurseurs en introduisant à partir de fin 2020 une clause de devoir de vigilance dans leurs contrats avec les entreprises partenaires, ainsi que dans les modalités d'octroi des aides aux entreprises.

ad 2) La proposition de directive mentionne les secteurs spécifiques à risque, dont certains font d'ailleurs déjà l'objet d'un règlement européen vertical, précisément pour cette raison (les minerais du conflit par exemple).

Les secteurs qui se sont avérés être les plus exposés et nécessitant de ce fait une approche ad hoc, font déjà de la part de l'OCDE, qui est le précurseur en matière de devoir de diligence, l'objet d'une guidance sectorielle spécifique. Ainsi, on peut citer le secteur extractif, le secteur textile, le secteur des chaussures, le secteur de l'agriculture.

ad 3) Un comité interministériel « devoir de diligence » a été mis en place par le Gouvernement en date du 23 avril 2021 en vue de définir les grandes orientations soit d'une future législation nationale, soit de la position du Luxembourg pour la négociation d'une future directive européenne en la matière, où l'ensemble de ces questions sont traitées.





Par ailleurs, dans le cadre de rencontres régulières avec l'UEL, le Ministre de l'Économie discute de ces questions, comme par exemple à l'occasion de la présentation du guide ESR déployé par l'INDR.

ad 4) L'harmonisation au niveau européen est la voie privilégiée, et cela a été indiqué à plusieurs reprises par le Gouvernement, notamment dans les réponses aux récentes questions parlementaires n° 5502 et n° 5209. La proposition de directive a, précisément, pour objectif de favoriser une telle harmonisation et elle prévoit d'ailleurs la mise en place d'un réseau de coordination européen des autorités nationales chargées de superviser la mise en œuvre du devoir de diligence.

ad 5) La proposition de directive de la Commission européenne est une initiative couvrant l'ensemble des droits humains et l'environnement, comprenant tous les aspects de la question, tout en rappelant le principe de la nécessaire proportionnalité entre les objectifs et les moyens.

Le champ d'application vise les grandes entreprises actives dans le marché intérieur, dont celles du secteur financier, parce qu'elles sont les acteurs économiques principaux les plus à même de faire imposer les principes du devoir de diligence dans l'ensemble de la chaîne de valeur, y compris auprès des PME partenaires.

Ces obligations en matière de devoir de diligence sont assorties de mécanismes de contrôle et de sanctions, ainsi que d'un régime obligatoire de responsabilité civile et de protection des lanceurs d'alerte.

Enfin, outre les autres obligations sociales incombant déjà aux dirigeants, ces derniers auront désormais également une obligation de mettre en œuvre les principes de due diligence dans l'entreprise.

**Question 5816** (24.02.2022) de **M. Max Hengel** (CSV) concernant la **pollution de la Moselle suite à une fuite d'hydrocarbures de la centrale nucléaire de Cattenom** :

De Mëtteg war an der Press ze liesen, datt, wéinst engem falsche Manöver, den 20. Februar eng 20 Liter Waasser mat Ueleg dran aus der Atomzentral zu Cattenom an d'Musel gelaf sinn. D'Waasser wier awer net radioaktiv gewiescht.

Dës Informatioun hunn déi Responsabel vum Atomkraaftwierk zu Cattenom der Autorité de sûreté nucléaire den 22. Februar matgedeelt.

Virun dësem Hannergrond wéilt ech der Regierung folgend Froe stellen:

- Goufen déi Lëtzebuurger Autoritéite respektiv d'Gemengen an der Lëtzebuurger Grenzregioun iwwert dëse Virfall informéiert?

- Wa jo, wéini?

- Wäert d'Administration de la gestion de l'eau sécherheetshallwer nach emol eege Kontrollen an der Musel maachen?

- Wann nee, aus wéi enge Grënn?

**Réponse commune** (29.03.2022) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

De „Groupe d'intervention pollutions“ vun der Waasserverwaltung (AGE) gouf sonndes, den 20. Februar 2022, géint 9 Auer vun der Asazentral CSU 112 vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) iwwer eng Pollutioun mat Hydrocarburé vun der Musel bei Réimech informéiert. Een Agent vun der AGE konnt op der Plaz eng Pollutioun confirméieren. Eng éischt Analys hat erginn, datt d'Source vun der Pollutioun warscheinlech a Frankräich war.

Géint 12 Auer goufen de CGDIS an och d'AGE vun „Internationale Kommissionen zum Schutz der Mosel und Saar“ (IKSMS) iwwer Aktiounen vun de franséischen Autoritéiten informéiert. Wärend deem Asaz huet d'AGE och de „Service de la navigation“ iwwert de Virfall informéiert.

Am fréien Owend vum 20. Februar 2022 war een éischten Informationsaustausch tëscht der Divisioun vun der Radioprotektioun vun der Direktioun vun der Santé an der Kommunikatiounszell vum CNPE Cattenom. Den telefoneschen a schrëftlechen Echange huet d'Divisioun vun der Radioprotektioun un d'AGE weiderginn.

D'AGE huet de 24. Februar 2022 nach emol eng Kontroll gemaach a konnt zu deem Moment keng Pollutioun vun der Musel méi feststellen. Weider Kontrolle goufen doropshin net geplangt.

**Question 5852** (02.03.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant le **prix de l'électricité** :

D'Präisser fir de Stroum ginn an de leschte Jore bestänneg zolidd an d'Luucht. Vill Leit stellen sech an deem Kontext allerdéngs Froen, well op hirer

Stroumrechnung ugin ass, datt si 100 Prozent Naturstroum bezéien. An deem Sënn däerfte jo op dësem Stroum keng zousätzlech Steieren ufalen, déi als Bäitrag fir d'Klimapolitik kënnen gewäert ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi ass déi massiv Präisdeierecht um Haushaltsstroum bei deene Stéit ze erklären, déi awer - esou wéi et op der Rechnung opgeléscht ass - 100 Prozent Naturstroum bezéien?

2. Kann d'Regierung opschlësselen, wéi eng Faktore beim honnertprozentegen Naturstroum verantwortlech dofir sinn, datt dësen am Präis esou massiv an d'Luucht geet?

**Réponse** (29.03.2022) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

Wéi aus der Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 5568 ervirgeet, ass den integréierte Stroumpräis fir en Haushaltsclient mat engem Joresverbrauch vu 5.000 kWh tëschent 2019 an 2022 ëm 12,3 % eropgaangen. Par rapport zu 2020 ass de Präis nëmmen ëm 2,1 % eropgaangen, soudass een hei net vun enger massiv Präisdeierecht schwätze kann.

De Gros vun der Erhéijung säit 2019 ass, wéi aus der Tabell hei ënnendrënner ervirgeet, um Energieundeel ze verzechnen. Dës Hausse ass op déi rezent Deierecht op de Grousshandelsmarchéen zrëckzeféieren, déi duerch d'Präisentwécklung vu fossille Brennstoffer am Kontext vum aktuelle Konflikt an der Ukrain gedriwwen ass.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

D'Regierung huet dës Hausse um Energieundeel duerch déi staatlech Kontributioun um Mécanisme de Compensation (MdC), deen zur Ënnerstëtzung vun erneierbaren Energien déngt, deels kompenséiert.

Den „Naturstroum“ ass e Produkt, deem seng Präisbildung de Reegele vun de Grousshandelsmarchéen ënnerläit, doduerch, datt de Stroum vun deem Produkt um Grousshandelsmarché kaf gëtt an duerno mat engem selwechten Deel „garantie d'origine“ vun erneierbaren Energiekontrakter verschnidde gëtt. An Zukunft sollen zertiféiert erneierbar Energien éischer iwwert eng aner Zort Kontrakter, sougenannte „Long Term Renewables Power Purchase“-Verträge, um Stroummarché ugebuede ginn. Dës Verträge wäerte méi stabil am Präis sinn.

**Question 5856** (03.03.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **prise en charge temporaire par l'État des frais de réseaux** :

Den 28. Februar koum d'Regierung mat den Energieliwweranten zesummen, fir beim sougenannten Energiedësch Léisunge fir déi steigend Energiepräisser ze fannen. Dës Mesurë goufen duerno op enger Pressekonferenz virgestallt.

Esou sot den Energieminister an deem Kontext:

„De Privathaushalt, deen huet a sengem Endgaspräis Netzkäschten, en huet puer aner Taxen asw. an en huet de Präis vum Marché. De Präis vum Marché explodéiert, an deen ze reegelen, dat ass onméiglech. Dat, wat mer elo maachen, dat ass d'Netzkäschte fir Haushalter, déi Gas hunn, déi senke mer erof op null. An doduerch kënnen mer quasi bis zu 500 Euro aspuere bei engem Duerchschnittshaushalt.“ (Source: RTL-Artikel vum 28. Februar 2022)

Am Communiqué zu dësem Thema heescht et vu Säite vun der Regierung:

« 3. Gaz : Subvention des frais de réseaux

Le prix du gaz naturel pour les clients résidentiels va être substantiellement réduit par la prise en charge temporaire par l'État des frais de réseaux. Ces frais de réseaux, qui contribuent au financement des réseaux de gaz, représentent une part importante du prix final du gaz naturel. »

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Energie dës Froe stellen:

1. Wéi stellt sech dës vum Minister genannten Zuel vu 500 € zesummen?

2. Wéi staark variéieren d'Netzkäschten tëscht de Stéit?

Wat ass de Minimum, Stand vun den Netzkäschten haut, deen een Haushalt duerch dës Mesure wäert aspueren?

Wat ass de Median?

Wat ass de Maximum op deen een Haushalt kann hoffen?

3. Wéi vill Prozent maachen d'Netzkäschte par rapport zu de gesamte Gaskäschte bei engem Duerchschnittshaushalt aus?

**Réponse** (29.03.2022) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

Wéi och schonn an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 5568 duergestallt, setzt sech en integréierte Gaspräis zesummen aus Netzkäschte vum Netzbedreiwer, Energiekäschte fir de Gasfournisseur an Taxen.

Bei engem Verbrauch vun 2.500 m³ Gas am Joer, maachen d'Netzkäschte ronn 490 € ouni TVA aus.

Eurostat, den Institut luxembourgeois de régulation (ILR) an och aner Acteuren huelen als duerchschnittleche Joresverbrauch fir Haushaltsclienten 30.556 kWh un, wat engem Verbrauch vun 2.778 m³ Gas entsprécht. Dëst ass ee Wäert, deen ee fir en duerchschnittlech grousst Eefamilljenhaus mat véier Familljemembere kann unhuelen. Bei méi klenge Wunnenge kann ee vun engem Verbrauch vun ënner 1.000 m³ Gas am Joer ausgoen a bei gréisseren Haiser geet de Gasverbrauch och emol gären iwwer 3.500 m³ am Joer erop. An der Tabell hei drënner sinn un dësen dräi Beispiller déi eenzel Tariffer a Joreskäschten duergestallt, woubäi d'Netzkäschten tëscht 230 € a 732 € am Joer variéieren. D'Netzkäschte maache bei méi klenge Wunnengen iwwer 21 % vun de Gesamtkäschten aus, woubäi bei méi groussen Haiser dëst Verhältnis bis op 17 % fält.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Dem Ministère leie keng detailléiert Statistiken iwwer eenzel Verbräich vun Haushaltsclientë vir an dofir ass et och net méiglech, fir Mindest-, Maximal- a Medianwäerter ze bestëmmen.

**Question 5882** (04.03.2022) de **M. Paul Galles** (CSV) concernant le **budget CO<sub>2</sub>** :

Laut de Wëssenschaftler läit de weltwäiten CO<sub>2</sub>-Budget, fir onst 1,5°-Zil vu Paräis nach ze erreechen, bei 420-580 Gigatonnen CO<sub>2</sub> (startend 2018)<sup>3</sup>. Dëse Richtwäert gëtt ons un, wéi vill Tonnen Zäregaser d'Weltgemeinschaft nach däerf an d'Atmosphär entloossen, fir dass d'Temperatur net iwwer 1,5 Grad eraus klëmmt, engem Zil dat sech och Lëtzebuerg verschriwwen huet.

Fir esou eng Berechnung ze maachen, ginn et zwou Méiglechkeeten:

1. a) Entweder geet ee vun engem gläichberechtigten Pro-Kapp-Budget“ aus, sou dass d'Konsequenz dovunner ass, dass all Mënsch op der Welt nëmmen nach eng gewëssen (a fir jiddwer Mënsch déi selwecht) Unzuel u Kilogramm Zäregaser zousteet, deen en nach däerf an d'Atmosphär blösen.

2. b) Oder et geet een dervun aus, dass a bestëmmte Länner méi CO<sub>2</sub> verbraucht gëtt wéi an aneren, a bezitt dat mat an d'Berechnung an. Lëtzebuerg huet jo eng vun deene gréisste Pro-Kapp-Emissiounen weltwäit (Stand 2019: 19,75 t CO<sub>2</sub>äq/Awunner/Joer laut der Europäescher Ëmwelt-agence).

Ausgoend vun där Ënnerscheedung huet een nach eng Kéier zwou Méiglechkeeten:

1. aa) Entweder et rechent een den CO<sub>2</sub>-Budget vu Lëtzebuerg par rapport zur ganzer Welt.

2. bb) Oder et rechent een de Budget vu Lëtzebuerg par rapport zur EU. Et hëlt een also den CO<sub>2</sub>-Budget, deen d'EU fir sech selwer errechent, an deduzéiert doraus deen Undeel, dee Lëtzebuerg zousteet. Dee Budget, deen d'EU fir sech errechent, kann dobäi awer schonn um Usaz b) berouen, dee vun engem Méiausstouss an der westlecher Welt ausgeet.

Wann een also de Fakte vun de Wëssenschaftler gleeft, souwéi bei der Berechnung den Usaz a) vun der Gläichberechtigung vun alle Bierger an den Usaz aa) vum direkte Verglach mat der ganzer Welt hëlt, dann huet Lëtzebuerg säi gesamten CO<sub>2</sub>-Budget, fir dat Paräisser Ofkommen anzehalen, schonn an deene leschten dräi Joer opgebraucht. Hätt een ugangs 2022 ons Zäregasemissioune komplett gestoppt, da géif et nach eng Warscheinlechkeet vu 50 Prozent ginn, dass mir onst 1,5°-Zil nach erreechen. An anere Wieder misste mir also schonn dëst Joer klimaneutral sinn an net réischt 2050. Lëtzebuerg ass also dorop ugewisen, dass aner Länner hire CO<sub>2</sub>-Budget net komplett ausschöpfen, fir dass mir d'Paräisser Ofkommen iwwerhaapt kënnen anhalen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Ëmweltministesch stellen:

1. Ass d'Ministesche mat deene wëssenschaftlechen Zuele vum weltwäiten CO<sub>2</sub>-Budget, fir onst 1,5°-Zil ze erreechen d'accord?

2. Wa jo, wat bedeit dës erofgebrach fir Lëtzebuerg? Huet d'Regierung sou Berechnungen duergedéiert?

<sup>3</sup> B. World Resources Institute; Show your budget; Sachverständigenrat für Umweltfragen der Bundesregierung

3. Wa jo, wéi gesinn déi Berechnungen aus an decken déi sech mat de Berechnungen vun de Wëssenschaftler a Klimaaktivisten? Wat fir enge Prinzipie folgen se: deem vun der Gläichberechtigung vun all Mënsch oder deem vum Méiverbrauch vun den industrialiséierte Länner?

4. A falls déi Lëtzebuurger Berechnungen sech vun der EU hiren deduzéieren, a wat fir engem Zenario vu Prinzipie si mer dann: deem vun der Gläichberechtigung vun all Mënsch oder deem vum Méiverbrauch vun den industrialiséierte Länner?

5. Wann nee, firwat goufe keng esou Berechnungen gemaach?

6. Gesäit d'Ministesche net an, dass een am Sënn vun der Transparenz esou Berechnungen misst maachen a virun allem aktiv no bausse kommunizéieren, souwéi de Leit rengen Wäin aschenken?

7. Mengt d'Ministesche net, dass all Mënsch déi selwecht Rechter hätt a pro Kapp déi selwecht Unzuel un Emissiounen zousteet?

8. Wa jo, firwat si mir als Land da massiv dorop ugewisen, dass Leit, virun allem an den aarme Länner, op hir Rechter, fir Zäregasemissiounen auszestoussen, zu Gonschte vu Lëtzebuerg, verzichten, fir esou onst Klima (an d'Paräisser Ofkommen) ze retten?

**Réponse** (26.04.2022) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. Et besteet keen Zweifel, datt Lëtzebuerg zu 100 % zu den Ziler vum Paräisser Accord steet. Lëtzebuerg huet den Accord, deen den 12. Dezember 2015 zu Paräis ugeholl gouf, per Gesetz ratifizéiert. D'Klimagesetz vum 15. Dezember 2020 huet als Zil fir, ënnert anerem, de Paräisser Accord ëmzesetzen.

Wat d'Efforten zu der Begrenzung vun der globaler Erwärmung op 1,5°C ugeet, steet d'Regierung voll a ganz hannert den Aarbechten a Recommendationen vum Weltklimarat.

ad 2. - 5. Lëtzebuerg huet keng eege Berechnungen duergedouert. Am Kader vun der Klimaramenkonvention vun de Vereenten Natiounen iwwer d'Klimaanënnungen schwätzt d'Europäesch Unioun ëmmer mat enger Stëmm.

Et sief och dorun erënnert, datt dat europäesch Klimagesetz, dat als kompatibel mat dem Paräisser Accord ugesi gëtt, elo duerch de „Fit for 55“-Package ëmgesezt gëtt. Ee vun den Instrumenter aus dem „Fit for 55“-Package ass déi sougenannte „Effort Sharing Regulation“, déi déi national Reduktiounsefforten an entspriechend järelech Emissionsbudgete bis 2030 festhält, fir all déi Emissiounen, déi net duerch den europäeschen Emissionshandelsystem ofgedeckt sinn.

D'Regierung deelt an dësem Kontext déi vun der Europäescher Kommissioun proposéiert Berechnungen, huet awer eegestänneg decidéiert méi wäit ze goen, andeem se eng nach méi héich Ambitioun proposéiert huet, mat enger Reduktioun vu 55 % am Joer 2030 par rapport zu 2005. Dës Ambitioun ass duerch de PNEC an, iwwer 2030 eraus, duerch d'Klimalaangfriststrategie ënnermauert.

ad 6. D'Berechnungen vun der Europäescher Kommission sinn transparent an effentlech zougänglech.

ad 7. + 8. Et ass kloer, datt déi industrialiséiert Länner am meeschte gefuerdert sinn, fir hir Zäregasemissioune sou séier wéi méiglech massiv ze reduzéieren. Wéinst hirer „historescher“ Responsabilitéit wat de Klimawandel ugeet ass et och un den industrialiséierte Länner fir déi vulnerabel Entwécklungslänner, déi am meeschten ënnert den Auswierkungen vum Klimawandel leiden, beim Klimaschutz ze ënnerstëtzen. Lëtzebuerg huet op deem Gebitt seng Verantwortung iwwerholl.

Fir de Rescht verweisen ech op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5861 vum 3. März 2022 vun den éierewäerten Députéierten Här Fernand Kartheiser an Här Fred Keup.

**Question 5889** (07.03.2022) de **Mme Diane ADEHM** (CSV) concernant la **scolarisation des enfants des réfugiés en provenance de l'Ukraine** :

Les administrations communales ainsi que les offices sociaux viennent d'être informés par voie de circulaire sur les procédures mises en place pour accueillir et encadrer les personnes ayant fui l'Ukraine suite à l'invasion russe. Selon cette circulaire, le statut de protection temporaire, qui est sur le point d'être agréé au niveau européen, sera accessible aux ressortissants ukrainiens qui ont résidé en Ukraine avant le 24 février 2022 et qui sont arrivés ces derniers jours au Luxembourg, accompagnés de leur famille dans la plupart des cas.

Dans le contexte de la scolarisation des enfants des réfugiés en provenance de l'Ukraine, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :





1) Monsieur le Ministre peut-il me renseigner sur la façon dont les enfants des réfugiés en provenance de l’Ukraine seront scolarisés après leur arrivée dans une commune luxembourgeoise ?

2) Les enfants seront-ils intégrés dans l’enseignement normal en faisant partie d’une classe d’accueil ou seront-ils regroupés dans des classes spécifiques pour primo-arrivants ?

3) Sachant que dans les deux cas de figure les communes se verront confrontées à une augmentation de leur population scolaire et compte tenu du fait que l’enseignement fondamental souffre déjà d’une pénurie de personnel conséquente, de quelle façon Monsieur le Ministre entend-il assurer que les communes disposent d’un nombre d’enseignants suffisant afin de garantir l’enseignement des enfants réfugiés ?

**Réponse** (26.04.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse* :

ad 1) L’infogramme, qui peut être consulté sur le site de mon département (<https://men.public.lu/fr/actualites/communiques-conference-presse/2022/03/accueil-elevesukrainiens.html>), renseigne sur le dispositif scolaire mis en place à l’échelle nationale pour la scolarisation des enfants et adolescents ayant fui l’Ukraine et arrivés récemment au Luxembourg.

ad 2) L’infogramme montre que les enfants, en âge de fréquenter l’enseignement fondamental, seront inscrits :

- au cycle 1 des classes communales, pour leur éviter ainsi de longs trajets ;

- aux cycles 2, 3 et 4, selon la volonté parentale :

- de préférence dans des classes d’accueil anglophones organisées au niveau régional sous l’égide des lycées, y compris l’École européenne agréée et le Lycée Michel Lucius,
- dans la mesure du possible, à l’école communale de leur lieu de résidence.

ad 3) La scolarisation des enfants réfugiés ukrainiens dans les écoles communales va bien évidemment de pair avec un besoin accru en personnel enseignant susceptible d’assurer l’encadrement de ces élèves nouvellement inscrits.

À court terme, les communes peuvent introduire, conformément à l’article 8 du règlement grand-ducal modifié du 18 février 2010 déterminant les modalités d’établissement du contingent de leçons attribuées aux communes et aux syndicats scolaires pour assurer l’enseignement fondamental, une demande motivée auprès de mon Ministère, afin d’organiser les cours d’accueil et de créer, en fonction du nombre d’élèves nouvellement inscrits, des classes supplémentaires. Pour répondre aux nouveaux besoins en ressources humaines nécessaires pour soutenir les équipes pédagogiques dans la scolarisation des enfants réfugiés ukrainiens dans les écoles fondamentales communales, mon Ministère procède actuellement au recrutement de personnel supplémentaire.

À moyen terme, les élèves réfugiés ukrainiens scolarisés dans les écoles fondamentales publiques seront pris en compte dans le cadre de la détermination du contingent de leçons d’enseignement direct attribuées à chaque commune ou syndicat scolaire pour assurer l’enseignement fondamental pour une année scolaire et seul un surplus pour l’organisation des cours d’accueil sera accordé aux communes dans la première phase de scolarisation des élèves concernés.

**Question 5908** (10.03.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **remise des ordres de mérite** :

Am Arrêté grand-ducal vun 2016 ginn d’Reegele fir d’Vergab vun den ziville Verdéngschtuerde festgelo. Um Site vum Staatsministère kann een dann och Persounen ugin, déi esou een Uerde sollen erhalen. Wat een allerdéngs net um Site fënn, sinn d’Leit, déi an der Vergaangenheet mat Verdéngschtuerden ausgezeechent goufen. An Däitschland an a Frankräich zum Beispill kann een d’Nimm awer um Internetsite vun de responsabelen Autoritéiten noliessen.

Duerch de Krich an der Ukrain huet Lëtzebuerg sech zu enger ganzer Rei Sanktioune géint russesch a belarussesch Staatsbierger op EU-Niveau verflcht an och eege Sanktioune beschloss.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Premierminister dës Froe stellen:

1. Wéi steet de Minister zur Verëffentlechung vun den Nimm vu Persounen, déi een ziville Verdéngschtuerden am Numm vum ganze Lëtzebuerg Vollek erhalen hunn, um Site vum Staatsministère?

2. Wéi vill russesch oder belarussesch Staatsbierger hunn an deene leschten 20 Joer ee vun de sëllegen ziville Verdéngschtuerden erhalen? Sinn hei Persounen drënner, déi elo op der Sanktiounslëscht vun der EU stinn?

3. Am Arrêté grand-ducal vun 2016 sinn an den Artikele 7 an 8 d’Konditioune virgesinn, ënnert deenen een en Uerde kann entzu kréien:

« Art. 7. Les distinctions dans les deux Ordres nationaux sont retirées en cas de condamnation pour crime ou à une peine d’emprisonnement sans suris au moins égale à un an aux termes d’une décision passée en force de chose jugée prononcée par une juridiction.

Art. 8. Dans des cas exceptionnels le Premier Ministre, Ministre d’État, peut déroger aux conditions précitées. »

Géif d’Presenz op enger Lëtzebuergescher oder EU-Sanktiounslëscht ënnert dës „cas exceptionnels“ falen?

Am Fall wou d’Äntwert op d’Fro Nummer 2 affirmativ wär, wäert de Premier dës Persounen de Verdéngschtuerden entzéien?

**Réponse** (29.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d’État* :

ad 1. Ab der „promotion générale“ 2022 ginn d’Nimm vun de Persounen, déi en Uerden am „Ordre de la Couronne de Chêne“ oder am „Ordre du Mérite“ kréien, am Memorial B vum Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg verëffentlecht.

ad 2. An deene leschten 20 Joer hunn 21 russesch a keng belarussesch Staatsbierger en Uerden am „Ordre de la Couronne de Chêne“ oder am „Ordre du Mérite“ kritt.

Zwou vun deene Persounen stinn op der Sanktiounslëscht, déi d’Europäesch Unioun am Kontext vun der russescher Aggressioun vun der Ukrain adoptéiert huet.

ad 3. Déi zwou concernéiert Persounen krute matgedelt, datt hiert Recht, hiren Uerden ze droen, opgrond vun hirer Presenz op där EU-Sanktiounslëscht suspendéiert ass.

**Question 5924** (11.03.2022) de **MM. Fred Keup** et **Jeff Engelen** (*ADR*) concernant l’**impact de l’augmentation du prix des carburants sur le transport public** :

Am RTL Journal vum 10. März huet et geheescht, datt déi privat Busentreprene, déi sech aktuell ëm de Schoultransport këmmere, dës Leeschtung op Basis vu fest verhandelte Präisser iwwerhuele. Duerch déi aktuell Rekordstänn un der Pompel, déi ausserdeem zu all Ablack weider klamme kënnen, stellt de Schoultransport fir dës Betriber méttlerweile Verloschtgeschäft duer.

An deem Sënn géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Gesäit d’Regierung zäitno Neiverhandlung vum den Tariffer vum Schoultransport vir, fir d’Betriber fir dës Zousazkäschten ze indemniséieren?

2. Si weider Beräicher vum ëffentlechen Transport betraff, wou Privatbetriber ëffentlech Strecken assuréieren? Falls jo, wéi eng? Sinn och hei Neiverhandlung geplangt?

**Réponse commune** (27.04.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse* :

ad 1. D’Regierung brauch d’Tariffer vum Schoultransport net mat de Busbetriber ze verhandelen, well d’Kontrakter fir all Präiselement eng automatesch Präisadaptatioun virgesinn; op der Positioun vun de „frais consommables“ geschitt dës Upassung all dräi Méint.

ad 2. All Beräicher vum ëffentlechen Transport, déi vu private Busbetriber bedriwwen ginn, sinn duerch Kontrakter ofgedeckt, déi reegelméisseg Upassung virgesinn; sief et de Schoultransport, de reegelméisseg Linnentransport, oder och de Behënnertentransport, deen als spezialiséierten ëffentlechen Transport gëllt.

Wat de Schoultransport fir d’Grondschoulen innerhalb vun de Gemenge betrëfft, sou läit deen an der Kompetenz vun de jeeeweilege Gemengen.

**Question 5925** (14.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant l’**achat de meubles par le Ministère des Sports** :

Mir ass zougedroe ginn, dass de Sportsministère sechs Still fir iwwert 11.000 € soll kaaf hunn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Sport dës Froe stellen:

1. Kann de Minister dës Ausgaben erklären?

2. A wéi engem Artikel vum Budgetgesetz war dës Ausgab virgesinn?

3. Ass de Minister net der Meenung, dass hei och méi bëlleg Miwwelen de selwechten Déngscht gemaach hätten?

4. Goufen nach weider Miwwelakeef an dësem Präissegement vum Ministère säit ufanks des Joers getäteg?

**Réponse** (26.04.2022) de **M. Georges Engel**, *Ministre des Sports* :

Dem honorabelen Deputéierte seng Froe betrëfft Miwwelen, déi de Sportsministère den 1. Februar 2021 iwwert den Artikel 43.0.74.040 „Acquisition d’équipements spéciaux“ am Wäert vun 9.548,60 € bezuelt huet. Heibäi handelt et sech ëm eng Garnitur vu véier Still, engem Bästeldesch an zwee Hockeren, déi geduecht sinn, fir den Accueil vun de Visiteuren am Sportsministère méi attraktiv ze maachen an insgesamt ee Gebai a säi Mobilier aus de 70er-Joren ze moderniséieren a méi sportlech auszustatten. Zesumme mat Bâtiments publics gëtt dann och un engem Gesamtkonzept geschafft wat dës Krittären entspreche soll.

**Question 5930** (15.03.2022) de **M. André Bauler** (*DP*) concernant l’**internat du Lycée technique agricole et de l’École d’hôtellerie et de tourisme à Diekirch** :

Parmi les projets inscrits dans la loi budgétaire figurent des travaux concernant l’internat du Lycée technique agricole et de l’École d’hôtellerie et de tourisme à Diekirch. Un coût prévisionnel de dix millions d’euros est prévu à cet effet.

Voilà pourquoi j’aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Monsieur le Ministre pourrait-il informer, le cas échéant, sur les travaux à réaliser au profit de cet internat ?

2) Dans quel laps de temps ces travaux devraient-ils être mis en œuvre ?

3) Quelle est la capacité d’accueil de l’internat géré dans l’intérêt du Lycée technique agricole et de l’École d’hôtellerie et de tourisme à Diekirch ? Devrait-elle être révisée à la hausse dans un avenir proche ?

4) Quel(s) organe(s) est (sont) actuellement en charge de la gestion de cet internat ?

**Réponse commune** (27.04.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse* :

ad 1) Le projet inscrit dans la loi budgétaire concerne la nouvelle construction d’une structure « Jugendwunnen » sur le site actuel de l’École d’Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg (EHTL). Les 60 chambres planifiées seront exclusivement destinées aux élèves de l’EHTL.

ad 2) Le projet se trouve actuellement en phase d’étude de faisabilité. Le début des travaux est prévu pour 2025, l’achèvement pour fin 2027/début 2028.

ad 3) La structure « Jugendwunnen » disposera de 60 lits et sera destinée à pallier les besoins en logement de l’EHTL. L’accueil des élèves du Lycée technique agricole continuera à être assuré par l’Internat Jos Schmit à Diekirch respectivement par l’Internat Sainte-Anne à Ettelbruck.

L’offre globale en hébergement dans la Nordstad se verra ainsi revue à la hausse par rapport à l’offre actuelle.

ad 4) Comme les spécificités de fonctionnement de l’EHTL requièrent une flexibilité adaptée aux besoins de l’apprentissage des formations en hospitalité qui est différente des internats traditionnels, la gestion de la structure « Jugendwunnen » sera assurée par l’EHTL elle-même.

**Question 5937** (15.03.2022) de **M. François Benoy** (*déi gréng*) concernant la **pollution des captages d’eau souterraine** :

Dans les dernières années, le Luxembourg a fait des avancées considérables au niveau de la protection de l’eau. En effet, il existe aujourd’hui 44 zones de protection autour de captages d’eau souterraine et huit zones additionnelles sont actuellement en procédure.

Pourtant, la pollution des eaux souterraines demeure un problème. En avril 2021, des captages d’eau souterraine débitant de l’eau pour 62.000 personnes étaient hors service pour cause de mauvaise qualité d’eau.<sup>4</sup>

Dans ce contexte je me permets de poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable :

1) De manière générale, quel est actuellement le ni-

veau de pollution des sources d’eau au Luxembourg ? Quels sont les principaux polluants affectant l’eau destinée à la consommation humaine ? Quelles sont les origines de ces polluants ?

2) Combien de captages d’eau sont actuellement hors service à cause d’une mauvaise qualité de l’eau ? Quel est le débit annuel des captages concernés (en m³ et par rapport à la consommation nationale annuelle) ? Les besoins annuels de combien de personnes pourraient être couverts par cette quantité d’eau potable ?

3) Pour combien de captages d’eau, les eaux doivent actuellement être diluées afin de satisfaire aux normes d’eau potable ? Quelle est la situation au niveau de captages d’eau dont l’eau nécessite un traitement ? Pour combien de captages existe-t-il une dérogation temporaire aux valeurs limites applicables pour l’eau potable ? Quel est le débit annuel des captages précités (en m³ et par rapport à la consommation nationale annuelle) ? Les besoins annuels de combien de personnes pourraient être couverts par une quantité équivalente en eau potable ?

4) Madame la Ministre peut-elle expliquer comment se comparent les coûts associés au traitement de l’eau polluée aux coûts associés à la protection des sources d’eau ?

5) De manière générale, comment la qualité de l’eau a-t-elle évolué dans les zones de protection de l’eau depuis leur mise en place ? Quelles tendances peuvent être observées et quels résultats sont attendus à moyen et long terme ?

**Réponse** (26.04.2022) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1) Conformément au plan de gestion pour les parties luxembourgeoises des districts hydrographiques internationaux du Rhin et de la Meuse, la moitié des six masses d’eau souterraine se trouve dans un mauvais état suite à la présence de nitrates et des produits de transformation (métabolites) d’herbicides utilisés notamment dans l’agriculture intensive sur les cultures de maïs, colza et céréales. Ces polluants sont d’origine agricole et sont à mettre en relation avec des pratiques d’épandages.

ad 2) En avril 2022, une centaine de captages d’eau souterraine destinée à être utilisée pour l’approvisionnement en eau potable est hors service respectivement les eaux captées nécessitent un traitement au préalable avant leurs distributions. Cette centaine de captages a un débit cumulé d’environ 13.000.000 litres par jour, ce qui correspond aux besoins d’eau potable d’environ 65.000 personnes (ce chiffre est calculé sur base d’une consommation de 200 litres/habitant/jour).

ad 3) En supplément aux captages hors service respectivement dont les eaux captées nécessitent un traitement au préalable, les eaux d’une quinzaine de captages d’eau souterraine doivent être actuellement diluées avec des eaux de meilleure qualité provenant d’autres captages. Ceci afin de satisfaire aux normes de qualité pour la consommation humaine.

Au niveau de certains captages, lorsque les options de traitement et de dilution ne sont techniquement pas faisables et une mise hors service ne permettrait plus de garantir la sécurité d’approvisionnement en eau potable, des dérogations temporaires aux valeurs limites applicables à l’eau potable peuvent être accordés aux fournisseurs d’eau potable conformément à l’article 11 du règlement grand-ducal modifié du 7 octobre 2002 relatif à la qualité des eaux destinées à la consommation humaine. Ces dérogations ne peuvent être accordées que dans la mesure où elles ne constituent pas de danger potentiel pour la santé humaine et qu’il n’existe pas d’autre moyen raisonnable pour maintenir la fourniture d’eau dans les secteurs concernés par les pollutions. Le fournisseur bénéficiant d’une dérogation doit notamment s’engager à mettre en place un plan de mesures envisagées pour se conformer à la valeur paramétrique comprenant un calendrier des travaux, une estimation des coûts et les dispositions en matière de bilan. Actuellement, huit dérogations temporaires aux valeurs limites applicables à l’eau potable ont été accordées à des fournisseurs d’eau pour les paramètres nitrates ou les métabolites de pesticides. Les captages, qui bénéficient de dérogations, représentent un volume journalier de 5.200.000 litres (besoins en eau potable d’environ 26.000 personnes).

ad 4) Les coûts se rapportant à la construction et au fonctionnement des installations de traitement des eaux souterraines varient entre 0,35 et 0,5 euros par 1.000 litres d’eau produits. Ces coûts varient significativement en fonction des paramètres de qualité d’eau à traiter, ainsi qu’à la constellation locale (localisation du captage, caractéristiques de la source, …). L’entretien et la maintenance des stations nécessitent du personnel technique spécialisé. Il est à souligner que dans certains cas, la mise en place d’une installation de traitement n’est techniquement pas faisable.

Dans les zones de protection délimitées par règlements grand-ducaux autour des captages d’eau

<sup>4</sup> Ministère de l’Environnement, du Climat et du Développement durable, Présentation « Waasser a Baachen », 19 avril 2021, URL : <https://environnement.public.lu/fr/actualites/2021/04/emweldtag-2021.html>





destinées à la consommation humaine des programmes de mesures existent. Dans le secteur agricole les mesures visent essentiellement à réduire les intrants en azote et en pesticides qui sont responsables de la détérioration de la qualité de l'eau. La panoplie des mesures comprend notamment les mises en place de gestions et de techniques d'épandages adaptées, de cultures à faible demande d'engrais, d'agriculture biologique, d'une augmentation relative des surfaces de prairies, la réorientation des exploitations agricoles, des conseils agricoles spécialisés, ... Ces programmes de mesures sont coordonnés dans les différentes régions par des collaborations entre fournisseurs d'eau et des animateurs de captages.

Des aides financières de la part des fournisseurs d'eau et de l'État sont possibles pour la définition et la mise en œuvre de ces mesures visant à protéger et à améliorer la qualité de l'eau au niveau des captages. Ainsi, à titre d'exemple, les aides financières octroyées par le Fonds pour la gestion de l'eau se chiffraient en 2021 à environ 2 millions d'euros. Il est prévu d'augmenter à moyen terme ces aides à 4 respectivement 6 millions d'euros par an. À ceci s'ajoutent entre autres les aides au secteur agricole, lesquelles sont couvertes notamment par la loi modifiée du 18 avril 2008 concernant le renouvellement du soutien au développement rural.

Étant donné que les programmes de mesures sont toujours en train de se mettre en place, il est difficile de chiffrer les montants exacts des mesures qui de surcroît varient significativement en fonction de l'occupation du sol dans les zones de protection et de la vulnérabilité des captages à la pollution. Les estimations actuelles varient entre 0,02 et 0,20 € par 1.000 litres d'eau produits.

ad 5) La création de zones de protection par règlement grand-ducal conformément aux dispositions de l'article 44 de la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau a débuté au courant de l'année 2013. Depuis 2015 les substances mères de principaux métabolites d'herbicides détectés dans les eaux souterraines sont interdites. Actuellement des zones de protections sont délimitées pour environ 83 % des captages d'eau souterraine.

De manière générale, une amélioration de la qualité de l'eau n'a malheureusement pas été constatée. Alors qu'au niveau de certains captages une stabilisation des concentrations voire une légère tendance à la diminution des concentrations peut être interprétée, des augmentations des concentrations de certains polluants sont constatées au niveau d'autres captages. Ce constat s'explique par les temps de séjour moyens des polluants dans les eaux souterraines qui peuvent souvent dépasser une dizaine d'années, alors que la plupart des mesures ne sont en vigueur que depuis une demi-douzaine d'années. Par conséquent du moins pour les métabolites d'herbicides une inversion des tendances et à une amélioration de la qualité des eaux souterraines suite à la mise en place des réglementations relatives aux zones de protection. Cette amélioration et le temps d'attente pour observer celle-ci dépend du captage, des paramètres de l'aquifère (perméabilité et épaisseur de l'aquifère et d'éventuelles autres formations géologiques) et des caractéristiques de la substance problématique.

Afin d'obtenir de plus amples informations sur l'efficacité des mesures mises en place notamment en ce qui concerne l'épandage d'engrais d'azotés et l'utilisation d'herbicides de remplacement aux herbicides interdits, il est indispensable d'obtenir des données précises et locales, notamment en ce qui concerne les pratiques agricoles (quantités de fertilisants et de produits phytopharmaceutiques utilisés par zone de protection). Ces données seront utilisées afin de réaliser des bilans quantitatifs de flux de contaminants (nitrates, produits phytopharmaceutiques, etc.) entre leur application dans une zone et les concentrations mesurées dans les captages d'eau potable. Pour atteindre ce but, une collaboration transparente des agriculteurs et des fournisseurs d'eau potable est indispensable. Faute d'obtention de ces chiffres, il n'est pas à exclure que les restrictions en place dans les zones de protection seront à être revoir.

**Question 5940** (16.03.2022) de **Mme Jessie Thill** (*déi gréng*) concernant **l'utilisation de produits de la société « Palantir Technologies »** :

Palantir Technologies est une société américaine spécialisée dans le croisement et l'analyse de données (communément appelé « big data »). Commercialisée sous le nom de « Gotham », elle offre un ensemble de solutions informatiques adressées aux pouvoirs publics, notamment dans le domaine de la sécurité mais aussi par exemple dans celui de la santé. Les pouvoirs publics de plusieurs pays en Europe de l'Ouest ont recours à ces produits dans le cadre de leurs services de renseignement et d'ordre, mais aussi pour la gestion de la pandémie de Covid-19. Ainsi, selon une recherche récente de

la chaîne de télévision allemande publique ZDF, plusieurs ministères et services de sécurité allemands figurent parmi les clients de ladite société.

Malgré un cadre réglementaire en matière de protection des données plus développé en Europe qu'aux États-Unis, l'utilisation de solutions informatiques telles que celles offertes par Palantir Technologies n'est pas sans poser un grand nombre de questions à cet égard. Ce d'autant plus car ces dernières années, la société a fait l'objet de controverses suite à son implication dans une série de scandales dont ceux de « Wikileaks » et de « Cambridge Analytica », ainsi que suite aux positionnements et financements politiques de l'investisseur principal et fondateur Peter Thiel.

Dans ce contexte, je voudrais avoir les renseignements suivants de la part de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre de la Digitalisation :

1) Les ministères ou administrations publiques luxembourgeoises utilisent-elles actuellement, ou ont-elles par le passé utilisé, des produits ou services développés par « Palantir Technologies » ? Dans l'affirmative, quels sont les domaines dans lesquels ils sont ou ont été utilisés ?

2) Le Gouvernement a-t-il émis une circulaire ou d'autres consignes aux acteurs publics pour garantir le respect de la protection des données lorsqu'ils ont recours à des solutions informatiques développées par des sociétés de droit privé ?

**Réponse** (29.03.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre de la Digitalisation* :

ad 1) Non.

ad 2) En vue de stimuler la sensibilisation en matière de protection des données à travers l'administration étatique, la Commission nationale pour la protection des données (CNPd) et le Commissariat du Gouvernement à la protection des données auprès de l'État (CGPD) organisent, avec le soutien de l'Institut national d'administration publique (INAP), des séances de sensibilisation spécifiquement dédiées aux différents aspects de la conformité au règlement général sur la protection des données (RGPD). Par ailleurs, les délégués à la protection des données informent et conseillent les entités étatiques sur les obligations qui leur incombent en vertu du RGPD.

**Question 5949** (16.03.2022) de **Mmes Chantal Gary et Stéphanie Empain** (*déi gréng*) concernant **la pratique sportive des personnes ayant fui la guerre en Ukraine** :

Alors que les personnes ayant fui la guerre en Ukraine continuent à arriver en nombre important au Luxembourg, de nombreux clubs et associations sportifs souhaitent déjà se préparer au défi de leur offrir la possibilité d'accéder à la pratique sportive.

Il va sans dire que le sport, au-delà de sa capacité à unir les gens malgré des barrières culturelles et linguistiques, pourra également jouer un rôle positif pour la santé mentale des concerné-e-s. Selon nos informations, certaines associations sportives en Ukraine seraient même à la recherche de clubs pour accueillir leurs membres ayant fui la guerre, pour leur permettre de garder une petite part de normalité dans leur vie.

Le guide « Tout savoir sur l'accueil des DPI/BPI dans les communes » édité par l'Office national d'accueil et consultable également sur <https://ona.gouvernement.lu/fr/coordination-etcooperation/communes/tout-savoir-accueil-DPI-BPI-communes.html> répond en très grande partie aux questions potentielles auxquelles les clubs sportifs se trouvent actuellement confrontés. Cependant, cette source d'informations semble être peu connue dans le monde sportif.

Dans ce contexte nous aimerions savoir de la part de Monsieur le Ministre des Sports :

1) Les informations contenues dans le guide susmentionné sont-elles à jour et adaptées au statut de protection temporaire accordé aux personnes ayant fui la guerre en Ukraine ?

2) Monsieur le Ministre entend-il diffuser proactivement ces informations auprès des acteurs du monde sportif ?

3) Est-ce qu'il sera nécessaire d'adapter le dispositif du Service médico-sportif afin de gérer une éventuelle surcharge de demandes ? Quelles seraient ces adaptations ?

4) Monsieur le Ministre estime-t-il qu'il est possible d'adapter l'initiative « Go to Sports » afin de permettre aux personnes ayant fui la guerre de bénéficier d'une aide financière pour l'établissement d'une nouvelle licence ? Dans l'affirmative, endéans quel délai une initiative de ce type pourrait-elle être lancée ?

5) Les activités de la LASEP pourront-elles accueillir les enfants ayant fui la guerre en Ukraine même avant leur intégration dans un parcours scolaire ?

**Réponse** (26.04.2022) de **M. Georges Engel**, *Ministre des Sports* :

ad 1) Des travaux de mise à jour du guide « Tout savoir sur l'accueil des DPI (demandeurs de protection internationale) et des BPI (bénéficiaires de protection internationale) » sont actuellement réalisés par l'Office national de l'accueil (ONA), administration placée sous l'autorité du Ministre ayant l'Asile dans ses attributions, en vue d'y inclure la situation des BPT (bénéficiaires de protection temporaire), qui est un statut de protection spécifique activé au niveau européen en faveur des personnes ayant fui la guerre en Ukraine. Le Ministère des Sports est associé aux travaux de mise à jour pour ce qui est notamment du volet « activités sportives ».

ad 2) Destiné en premier lieu aux administrations communales, je prendrai soin de diffuser également ces informations, une fois mises à jour, par voie de circulaire aux fédérations sportives agréées et à leurs clubs affiliés.

ad 3) Des adaptations, le cas échéant au niveau réglementaire, comme ce fut le cas lors de la pandémie, pourraient être réalisées en cas de besoin.

ad 4) Il n'est pas exclu que le dispositif de l'initiative « Go to Sports » puisse être reconduit, voire adapté pour considérer particulièrement la situation des personnes ayant fui la guerre en Ukraine, or, il serait également envisageable, dans le respect du principe de l'autonomie de fonctionnement du mouvement sportif, que les fédérations sportives, voire leurs clubs affiliés, renoncent au paiement des frais liés à l'établissement d'une licence pour les personnes bénéficiant du statut de protection temporaire.

ad 5) D'une manière générale, l'accueil des bénéficiaires de la protection temporaire, en l'occurrence des personnes ayant fui la guerre en Ukraine, au sein du mouvement sportif luxembourgeois, fut un des sujets abordés lors de mon intervention à l'assemblée générale du COSL en date du 22 mars 2022 à Strassen. Lors de cette même intervention, j'ai également salué la position de la LASEP qui a accueilli les enfants ayant fui la guerre en Ukraine dès qu'ils bénéficiaient du statut de protection temporaire. Ces enfants sont, d'ailleurs, exemptés du paiement d'une cotisation annuelle.

**Question 5958** (18.03.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant les **sportifs d'élite dans la fonction publique** :

An der Äntwert op meng Fro zu den Elittesportler am ëffentlechen Déngscht (N° 5784) hunn de Minister fir d'Fonction publique an de Sportsminister erkläert, dass et nieft dem Saz aus dem ofgeännerte Sportsgesetz vum 3. August 2005, soss keng Base légale fir den „horaire aménagé“ an der Fonction publique gëtt. Déi eenzeg Limitatioun wier laut de Ministeren, dass d'Sportler, déi an der Fonction publique schaffen, vun der COSL unerkannt goufen. Et gëtt keng virgeschriwwen Prozedur an d'Form vum Horaire aménagé hänkt vum Patron of.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir ëffentlechen Déngscht a fir Sport dës Froe stellen:

1. Wier et méiglech, dass ee Patron op Basis vum Artikel 14 Punkt 1 aus dem Gesetz vun 2005 en Aarbechter aus der Foncton publique op ee Minimum vun enger Stonn d'Woch kéint fräistellen? An anere Wieder, wier et méiglech, dass duerch den Horaire aménagé e Sportler quasi während senger ganzer Aarbechtszäit fräigestallt géif ginn oder gëtt et hei ee Minimum u Stonnen, déi de Sportler muss a senger Funktioun schaffen?

2. Falls d'Äntwert op d'Fro 1 Jo ass, ass de Minister net der Meinung, dass et sech beim Horaire aménagé de facto ëm ee Congé handelt an dësen dann och misst ee méi strenge legale Kader hunn (esou wéi et beim Congé sportif jo schonn de Fall ass)? Falls jo, wäert de Minister fir den Horaire améngagé ee méi prezise legale Kader proposéieren? Falls nee, firwat net?

**Réponse commune** (26.04.2022) de **M. Georges Engel**, *Ministre des Sports*, et de **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique* :

Den honorablen Deputéierte bezitt sech op d'Äntwert op seng parlamentaresch Fro N° 5784 iwwert d'Elittesportler. Sief nach eng Kéier drun erënnert, dass d'Base légale fir den „horaire aménagé“ fir d'Spëtzesportler am Artikel 14 Punkt 1 vum ofgeännerte Sportsgesetz vum 3. August 2005 festgehalen ass:

« Art. 14. Des mesures d'appui particulières pour le sportif d'élite.

1. Un horaire de travail aménagé peut être introduit dans l'intérêt des sportifs d'élite occupés dans le secteur public. Par secteur public il y a lieu d'entendre l'État, les communes, les syndicats de communes, les établissements publics et la société nationale des chemins de fer luxembourgeois. »

Wichtig an dësem Kontext ass och den Artikel 13 vum uewe genannte Gesetz, dee Folgendes festhält:

« Le terme sportif d'élite vise les athlètes dont la qualification sportive est reconnue en tant que telle par le COSL »

Zu de weidere Froen:

ad 1. Ewéi och schonns an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 5784 gesot, gëtt et soss keng weider gesetzlech Bestëmmungen. Bis elo sinn dës Elittesportler ëmmer, am Konsens zwësche Sportsministère an deem jeeweilege Ressortminister oder engem anere Patron aus dem „secteur public“, bis zu engem Maximum vu 50 % fräigestallt ginn.

ad 2. Laut dem Artikel 13 vum Sportsgesetz ass déi Mesure vum „horaire aménagé“ ze gesinn am Kontext vun der Ënnerstëtzung vum Staat, fir d'Spëtzesportler an hirer sportlecher a professioneller Karriär ze begleeten. D'Gesetz hält dëst folgendermoosse fest:

« L'État s'associe aux mesures du mouvement sportif pour soutenir le sportif d'élite dans sa carrière sportive et dans sa carrière professionnelle. »

Vun dëser Mesure profitéieren am Moment eng geréng Zuel vun Spëtzesportler a bei der praktescher Ëmsetzung zesumme mat de jeeweilege Patrone war bis elo nach kee Problem.

Et ass och net ausgeschloss, dass an nächster Zäit den Artikel 14 vum Sportsgesetz ugepasst wäert ginn, dëst am Kontext vun der Aféierung vun enger ziviller Karriär fir d'Spëtzesportler niewent der aktueller vum Sportszaldot.

**Question 5961** (21.03.2022) de **M. Claude Wiseler** et **Mme Martine Hansen** (CSV) concernant **la situation sanitaire dans le secteur hospitalier et le secteur des soins** :

Virun enger Woch goufen déi meeschte Mesuren, fir dem Coronavirus entgéintzewierken opgehuewen. Gläichzäiteg stiechen sech Dag fir Dag nach ëmmer vill Leit un an et kann ee souguer e positiven Trend no uewen hin erkennen.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend dréngend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wéi gesäit déi aktuell Situatioun an de Secteuren „hospitalier“ an „des soins“ aus? Kënnen d'Madamm Gesondheitsministesch an d'Madamm Familjeministesch fir dës Strukturen en éischte Bilan zanter dem Ophiewe vun engem groussen Deel vun de Mesurë maachen?

2. Sollen net zousätzlech Mesuren, wéi z. B. Schnelltester beim Besuch vu Strukturen aus de Secteuren hospitalier an des soins, agefouert ginn, fir esou déi vulnerabel Leit besonnesch ze schützen an esou eng eventuell Isolatioun ze verhënneren?

**Réponse commune** (26.04.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration* :

An de Spideeler waren op den 20. Abrëll, 29 Covid-19 „confirmés“ a „suspects“ Patienten an de Soins normaux hospitaliséiert; ee Patient war an den Soins intensifs hospitaliséiert.

Am Alters- a Fleegesecteur waren op den 20. Abrëll 2022 263 Bewunner aus 36 verschiddenen Alters- a Fleegeheemer am „Isolement“. 13 Bewunner, déi positiv op Covid-19 getest gi waren, waren dee Moment och hospitaliséiert.

Am Gesondheets- an Fleegesecteur gëtt den 3G och weiderhin applizéiert, dëst fir Personal, extern Prestatairen an och de Besuch. Dat heescht, dass dës Leit och weiderhi méttels engem Certificat mussen nowise kënnen, dass se geimpft, geheelt oder getest sinn. D'Droe vun engem Mask an den Alters- a Fleegeheemer souwéi an den Spideeler ass weiderhin obligatoresch.

D'Recommandatiounen fir de Spidolssecteur sinn nach ëmmer applikabel a gi reegelméisseg a jour gesat.

Och wann d'Schnelltester an den Alters- a Fleegeheemer an an de Spideeler net méi obligatoresch sinn, sou stellt de Staat dësen Haier weiderhin dës Tester gratis zur Verfügung.

Am Fleegesecteur ginn iwwer d'Recommandatiounen vum 11. Mäerz 2022 (gülteg vum 12.3.-30.6.2022) vun der „Commission permanente pour le secteur des personnes âgées“ d'Schnelltester och weiderhi promouvéiert. Dëst fir jiddereen, dee vu baussen an en Haus erakënn. D'Personal ass invitéiert, sech virun all Aarbechtsdag fräiwëlleg mat engem Schnelltest op de Covid-19 ze testen. Eng Rei Gestonnnairen halen d'Schnelltester an hiren Haier als obligatoresch bäi.

Eng Ordonnance vum Direkter vun der Santé seet, dass all Bewunner zweemol d'Woch mat engem Schnelltest getest soll ginn.

Bis Enn Abrëll mécht de „Laboratoire national de santé“ gratis a preventiv PCR-Tester bei Bewunner a Personal an de Structure fir eeler Leit; all zwou





bis dräi Woche kënnen déi eenzel Gestionnaires op dës Offer zeréckgräifen an ee preventive Screening duerchféieren.

D'Recommandatiounen vun der „Commission permanente pour le secteur des personnes âgées“ gi weiderhin Uweisungen, wéi a verschiddene Situatiounen ze handelen ass, dëst am Fall vun engem direkte Kontakt vun enger Persoun mam Virus, bei Verdacht op eng Infektioun a bei enger confirméierter Infektioun.

(Graphiques à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

**Question 5972** (23.03.2022) de **M. Fred Keup** (*ADR*) concernant les **interventions de la police au centre de l'Unité de sécurité (Unisec) à Dreiborn** :

An hirer gemeinsamer Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5486 vun den honorabelen Deputéierten Octavie Modert a Léon Gloden zum Policeasaz, den 8. Januar 2022, an der Unisec zu Dräibuer schreiwen den Här Schoulminister an d'Madamm Justizminister: „Virum Weekend vum 8. Januar 2022 gouf et keng Situatiounen, an deenen d'Police an der Unisec huet missen intervenéieren.“

An der Press vum 22. Mäerz 2022 war awer nozeliesen (Artikel „Wenn ein Buch zur Waffe wird“, LW vum 22.3.2022, S.18): „In Polizeikreisen wird diese Darstellung dem ‚Luxemburger Wort‘ gegenüber aber mehrfach infrage gestellt. Auf die Frage nach der präzisen Zahl an Einsätzen seit der Inbetriebnahme der Unisec am 1. November 2017 hält die Pressestelle der Polizei fest, dass Einsätze wie jener vom 8. Januar 2022 ‚eher die Ausnahme‘ seien. Einsätze wegen Angriffen auf das Personal habe es ‚in diesem Ausmaß‘ seit 2017 noch keine gegeben.“

An deem Kontext hunn ech folgend Fro un den Här Schoulminister an un d'Madamm Justizminister:

- Wéi oft war d'Police säit dem 1. November 2017 an der Unisec am Asaz, an aus wéi enge Grënn?

**Réponse** (26.04.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

D'Police ass ganz reegelméisseg am Asaz an der Unisec vum Centre socio-éducatif de l'État (CSEE) zu Dräibuer. Hir Aarbecht an deem Kontext beschränkt sech allerdéngs bal exklusiv op den Transport vu Jonken, déi ëmmer mat der Police an d'Unisec bruecht ginn an och vun der Police siche komm ginn, wann si zum Beispill eng Visite médicale ausserhalb vun der Unisec hunn. Esou een Transport fënnt am Duerchschnitt eng Kéier pro Woch oder all zweet Woch statt.

Ofgesi vun dësen Transporter ass et bis elo zweemol zu Interventiounen vun der Police an der Unisec komm. Am Joer 2019 huet d'Police eng Sécherheetsfro par rapport zu engem Jonken an der Unisec traitéiert an am September 2021 gouf d'Hondsstaffel vun der Direktioun vum CSEE invitéiert, fir eng Drogekontroll ze maachen. Et ass wichteg ze betounen, datt dës Asätz regulär a geplangt an d'Resultat vun enger enker Zesummenaarbecht vun der Police an der Direktioun vum CSEE zum Schutz vun de Jonken, déi an der Unisec wunnen, waren. Viru Januar 2022 gouf et deementsprechend keng net am Virfeld geplangten Asätz an der Unisec, wat eng Analys vun der Police bestätegt huet.

**Question 5973** (23.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant l'**obligation vaccinale pour les nouvelles recrues de l'armée** :

Am Dezember d'lescht Joer hat ech dem Minister eng parlamentaresch Fro gestallt, wéi den 1G an der Arméi gehandhaabt gëtt. Candidate ginn ab dem 1. Januar 2022 nëmmen an d'Arméi inkorporéiert, wann se ee vollstännegen Impfzyklus virweise kënnen. Persounen, déi net geimpft sinn, ginn deemno vollstänneg aus der Arméi ausgeschloss. De Minister beriff sech heibäi op d'ofgeännert Gesetz vum 16. Abrëll 1979 „ayant pour objet la discipline dans la force publique“. Mam leschte Covidgesetz gouf d'Situatioun hei am Land awer extrem gelackert an d'Leit brauchen aktuell keng gréisser Konsequenzen ze fäerten, wann si sech net impfe wëlle loossen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Verdeedegung dës Fro stellen:

1. Hält d'Arméi weider dru fest, dass all neien Zaldot ee kompletten Impfzyklus muss ofgeschloss hunn?

2. Existéiert am Kader vum NATO-Bündnis eng Verpflichtung, déi beseet, dass d'Zaldote musse geimpft ginn? Wann deem sou wier, wéi eng Instanz hält dës Decisioun?

**Réponse** (21.04.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense* :

ad 1. De Virus zirkuléiert nach ëmmer. Well et besonnesch während der Instruction de base duerch dat enkt Zesummeliewe onméiglech ass, gewëss sanitär Moosnamen anzehalen, géif e Cluster d'Operationalitéit vun der Arméi a Fro stellen. Dëst ass e Grond, wéisou bei neien Zaldote weider un engem kompletten Impfzyklus festgehal gëtt. Mee zukünfteg Kandidaten, déi eréischt eemol geimpft sinn an den Impfzyklus net virun der Incorporatioun ofschléisse kënnen, kënnen déi zweet Impfung no der Incorporatioun iwwert de Service médical vun der Arméi gemaach kréien.

ad 2. Nee.

**Question 5974** (23.03.2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*) concernant la **protection du patrimoine industriel du site Arbed Esch/Schiff-lange** :

Le site dit Arbed Esch/Schiffange est l'objet d'un vaste projet d'urbanisation. Or, ce site, témoignage du passé industriel du pays, contient de nombreux objets dignes d'être conservés. C'est en tout cas l'avis de l'Institut national pour le patrimoine architectural (anciennement la Commission des sites et monuments) qui recense, dans son avis du 14 juillet 2021, 26 objets dignes d'être conservés.

Le promoteur Agora, issu d'un partenariat entre ArcelorMittal et l'État, et les communes de Schiffange et d'Esch-sur-Alzette ont commandité un avis supplémentaire auprès d'un bureau d'aménagement et de génie civil privé qui ne retient que 18 objets dignes d'être conservés.

La nouvelle loi du 25 février sur la protection du patrimoine culturel établit des critères scientifiques qui déterminent si un objet est digne d'être protégé ou non.

Ainsi, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Culture :

1) Lequel de ces deux avis Madame la Ministre compte-t-elle suivre ?

2) Madame la Ministre est-elle d'avis que les arguments du bureau d'aménagement privé susmentionné sont recevables du point de la protection du patrimoine industriel ?

**Réponse** (26.04.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture* :

Conformément aux pratiques en la matière, j'ai demandé les avis de l'Institut national pour le patrimoine architectural - INPA (anc. Service des sites et monuments nationaux) et de la Commission des sites et monuments nationaux (devenue entre-temps la Commission pour le patrimoine culturel). Ces avis d'experts me guident dans mes prises de décisions ayant trait à la valeur du patrimoine bâti et à l'intérêt public de sa conservation et protection.

Le propriétaire de la friche industrielle appelée Metzschmelz, qui se situe sur le territoire respectif des communes de Schiffange et d'Esch-sur-Alzette, ainsi que ces dernières m'ont fait transmettre leurs avis quant à mon intention de classement.

Un avis d'un bureau d'aménagement et de génie civil qui aurait été demandé par les communes m'est inconnu.

Actuellement, un groupe de travail, qui rassemble plusieurs acteurs en ce dossier de la reconversion de la friche industrielle, dont l'INPA, est en phase de faire élaborer et d'examiner des constats ayant trait notamment à la stabilité de certains vestiges et à leur faculté d'insertion dans le projet de réaffectation du site.

Au vu de ces analyses qui me seront soumises, et conformément aux dispositions législatives en la matière, je prendrai ma décision définitive quant à l'étendue de la protection.

**Question 5982** (24.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **achats de gaz russe en roubles** :

D'EU-Länner hunn no der Invasioun vun der Ukrain e puer staark Wirtschaftssanktiounen géigeniwwer Russland beschloss, déi souwuel d'Flëss vu Produite souwéi och Finanzflëss staark reduzéiert hunn.

Dës Sanktiounen hunn der russescher Economie wéigedoen: De Rubel huet géigeniwwer dem Euro staark u Wäert verluer an d'Importer aus der EU gi fir d'russescher Economie méi deier.

Wat d'russescher Exporter betrëfft, hunn d'EU-Länner awer gezögert. Russland exportéiert weiderhin seng fossil Energien an Europa. Russland weess ëm d'Ofhängegkeet vun den Europäer vum russesche Gas an huet dofir elo annoncéiert, dass an Zukunft all Gasliwwerung mussen a Rubel bezuelt

ginn. Dëst bedeit, dass Euroen géint Rubel musse getauscht ginn. Als Konsequenz vun dëser Annonce huet de Rubel géigeniwwer dem Euro erëm u Wäert gewonnen.

D'Finanzministesch huet de 14. Mäerz um Radio 100,7 d'Decisioun vun der EU verdeedegt a behaupt, dass déi aktuell Ofhängegkeet vun der EU vum russesche Gas Realpolitik wier.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa a fir Finanzen dës Froe stellen:

1. Besëtzt de Lëtzebuergesche Staat ënner iergendenger Form russesch Devisen? Falls jo, wat a wéi vill?

2. Wäert déi Lëtzebuergesch Regierung weiderhin dofir plädéieren, fir kuerzfristeg russesche Gas ze importéieren?

3. Wäert d'Lëtzebuergesch Regierung dem Putin seng Entscheidung matdroen a Rubele kafen, wann dëst erfuerderlech ass, fir russesche Energie kënnen ze kréien?

4. Wäert d'Regierung och op EU-Niveau fir ee Bäibehale vu russeschen Energieimporter fir dëst Joer plädéieren?

**Réponse commune** (27.04.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*, de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances*, et de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

ad 1. De Staat huet duerch seng Ambassade zu Moskau zwee Konten a Russland, déi a Rubel libelléiert sinn an déi exklusiv fir Fonctionnementskäschte vun der Ambassade benotzt ginn.

ad 2. Der Regierung hiren Informatiounen no huet zu dësem Moment keen zu Lëtzebuerg aktive Gasfournisseur direkt Liwwerkontrakter mat Russland.

Säit dem Ufank vun der Ukrainkris ënnerstëtzt Lëtzebuerg d'Approche, Sanktiounen gemeinsam an europäesch koordinéiert ze decidéieren, esou wéi zum Beispill rezent en Embargo fir Importer vu russescher Kuel.

Et ass verständlech, datt all Embargo muss mat deenen EU-Länner ofgestëmmt ginn, déi weesentlech méi ofhängeg si vun den Importer, dorënner och osteuropäesch Memberstaaten.

D'Lëtzebuurger Regierung setzt sech säit ville Joren dofir an, fir méi onofhängeg vu fossilen Energien ze ginn. Déi aktuell Situatioun confirméiert d'Wichtigkeet vun dëser Politik och am geopolitische Kontext souwéi d'Noutwennegkeet, entsprechend Mesurë weider ze acceleréieren.

ad 3. Den Dekret N° 172 vum 31. Mäerz vum russesche President bewierkt eng Ännerung vu juristesche Kader fir d'Ausféierung vu Versuerungskontrakter tëscht russesche Gasfournisseuren an europäeschen Händler, andeem unilateral nei Obligatiounen fir d'EU-Enterprisen hisiichtlech der Währung fir d'Bezuele vun Akeef bäigefüügt gi sinn.

Esouwuel d'Energieministère vun de G7-Länner wéi och d'Europäesch Kommissioun an d'EU-Memberstaaten hu constatéiert, dass unilateral Ännerungen vu bestoende kontraktuelle Relatiounen net akzeptabel sinn.

ad 4. D'Regierung wäert sech och weider beméien an dofir asetzen, méi onofhängeg vu russeschen Energieimporter ze ginn a schafft dowéinst och op EU-Niveau aktiv fir eng Obligatioun, fir d'Befëllung vun de Gasspeicher an eng koordinéiert europäesch Energie-Aspuer-Campagne op de Wee ze bréngen.

**Question 5984** (24.03.2022) de **MM. Fernand Kartheiser** et **Fred Keup** (*ADR*) concernant les **attaques de bancomats à l'explosif** :

An de leschte Jore koum et zu Lëtzebuerg ëmmer rëm zu lwwerfäll op Bancomaten, bei deenen d'Täter dës nuets gesprengt hunn, fir Zougrëff op déi entsprechend Fongen ze kréien. Eleng an de leschten Deeg koum et zu zwou weideren Attacken.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi vill där uewe beschriwwen Sprengattaquen op Bancomaten an de Joren 2018 bis 2022 jeeweils insgesamt stattfonnt hunn a wéi eng Uertschafte betraff waren?

2. Wéi oft hunn dës Attacke Finanzinstituter betraff, déi ënnert dem Statut vu engem Établissement public constituéiert sinn? Wéi oft huet et sech ëm privat Etablissementer gehandelt?

3. D'„Lëtzebuurger Wort“ schwätzt an engem Artikel vum 19. Mäerz dovun, datt et sech bei den Täter ëm „gut organisierte Banden“ handelt. Wéi eng Erkenntnesser leien der Regierung vir, ob dës Banden aus dem Ausland operéieren? Léisst sech dat nämmlecht Muster vun Attacken och am Ausland beobachten, oder handelt et sech ëm en nationale

Phenomeen? Wéi wäit schafft d'Police hei mat auslännesche Partnerinstitutionen zesummen?

4. Wéi déi laang Serie vu Widderhuelunge weist, ass de finanziellen Ureiz fir sou Attacke fir d'Täter nach ëmmer ganz héich. Wéi eng Zomm gouf bei dësen Attacken duerchschneëtlech geklaut? Wéi eng Moosname gi geholl, fir datt déi Fongen sech automatesch zerstéieren? Wéi eng zousätzlech Sécherheetsmoosname kënnen d'Banken huelen, fir sou lwwerfäll finanziell méi onattraktiv ze maachen? Kënnen si dës Zousazkäschte steierlech ofsetzen, dëst besonnesch, well de Staat d'Sécherheet an deem Beräich net méi garantéiere kann?

5. Wéi hunn sech d'Primme vun den Assurancë fir Bancomaten an de Joren 2018 bis 2022 opgrond vun deenen Attacken entwéckelt? Wéi een Impakt haten dës potenziell Zousazkäschten op d'Rentabilitéit vu Bancomaten, déi vu Banken an der ëffentlecher Hand bedriwwen ginn?

6. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi vill vun dëse Bancomaten duerno nees installéiert goufen an a wéi ville Fäll de Betrib agestellt gouf? Kann d'Regierung preziséieren, ob et sech jeeweils ëm en ëffentlecht oder privat Etablissement gehandelt huet?

7. Kann d'Regierung matdeelen, wéi wäit déi onkomplizéiert Versuergung mat Boergeld, besonnesch a ländleche Wunngeigenden ënnert dësen Ëmstänn nach garantéiert ass?

**Réponse commune** (26.04.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances*, et de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

Den honorabelen Deputéierte fënnt d'Äntwert op seng éischt zwou Froen an der Tabell heidrënner.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

De Phenomeen vun de Bancomat-Sprengungen ass, wéi dat schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5965 vum 22. Mäerz 2022 erkläert gouf, scho méi laang an den Nopeschlänner bekannt an d'Police schafft ganz enk am Ermittlungsberäich esouwéi an der Preventioun mat hiren auslännesche Kolleegen zesummen. De Modus operandi ass am Ausland an hei am Land änlech.

Aus ermëttlungstechnesche Grënn kënnen keng chiffréiert Informatiounen zu de geklauten Zomme matgedeelt ginn. De materielle Schued ass bei de meeschten Attacken allerdéngs héich.

Et gëtt an dësem Kontext nach emol op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5965 vum 22. Mäerz 2022 verweisen, wou erkläert ass, dass d'Police säit Joren a permanentem Kontakt mat der Banken-Associatioun ABBL steet, a reegelméisseg de „Protocole d'accord sur la sécurité dans les banques“ adaptéiert gëtt. Den nationale Preventiounsservice vun der Police mécht Recommendatiounen iwwert déi verschidde Méiglechkeeten, wéi een e Geldautomat séchere kann, an dat an enker Zesummenaarbecht mat der ABBL.

Des Weiteren ass ze bemierken, datt et keng zentraliséiert Erfaassung vun der Ouverture voire Schléissung vu Bankautomate gëtt.

Méi allgemeng ass awer ze bemierken, datt en Deel vun de Bancomaten, déi säit 2018 gesprengt goufen, erëm opgemaach hunn an anerer net. D'Grënn fir d'Reouverture oder d'definitiv Schléissung vu Bankomate gi vun de Banken op Base vun enger ganzer Rei Critère geholl. Dës sinn onofhängeg Decisiounen vun de verschiddenen Banken, a sinn net ausschliesselech op d'Sprengung vu Bancomaten zeréckzeféieren. D'Primme vun den Assurancë fir Bancomate si kommerziell Informatiounen, déi der Regierung net virleien.

Zum Schluss ass ze bemierken, datt zu Lëtzebuerg d'Zuel vu Bancomaten 2020 bei 107 Stéck pro 100.000 Erwuessener louch, wat wäit iwwert der Zuel an der Eurozon läit, wou ronn 64 pro 100.000 Erwuessener vun der Weltbank gezielt ginn. Zu Lëtzebuerg ass dës Zuel och iwwert déi leschte 15 Joer relativ konstant bliwwen.

**Question 5985** (24.03.2022) de **MM. Jeff Engelen** et **Fred Keup** (*ADR*) concernant les **délais d'attente pour une mammographie** :

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 1700 vum 13. Januar 2020 vun der honorabelen Deputéiert Martine Hansen iwwer d'„délais d'attente pour une mammographie“ schreift d'Madamm Minister:

« Le ministère rappelle également que les recommandations du Conseil scientifique du domaine de la santé, publiées en 2018, précisent que : “Dans le cadre de risque ‘standard’ de cancer du sein, il n’y a pas lieu de réaliser un dépistage par imagerie en dehors de la tranche d’âge de 50 à 69 ans. Une double lecture avec deux lecteurs indépendants accroît la sensibilité du dépistage du cancer du sein





et diminue le taux de rappel.” Cette recommandation correspond exactement aux dispositions du programme de dépistage du cancer du sein organisé et financé par l’État. L’organisation interne des services d’imagerie des établissements hospitaliers a été adaptée afin de réduire sensiblement les délais de rendez-vous pour ces mammographies de dépistage, avec des délais actuels d’une semaine à deux mois pour les rendez-vous. [...] En ce qui concerne les mammographies réalisées en dehors du programme organisé, pour des motifs de diagnostic, de suivi, ou de dépistage individualisé du cancer du sein, le médecin demandeur peut, s’il juge que la situation médicale le motive, adresser une demande urgente au médecin radiologue ; dans ce cas, l’examen est réalisé en règle générale endéans un délai d’une semaine. »

Zwee Joer méi spéit, schéngt sech net vill un der Situatioun geännert ze hunn. Am Géigendeel. Aus sécherer Quell ass eis zu Ouere komm, datt eng Persoun, déi versicht huet, ee Rendez-vous fir eng Fréierkennungsmammographie ze kréien, vum Hôpital Kirchberg gesot krut, si misst bis Januar 2023 waarden. Am CHL misst si souguer bis Oktober 2023 waarden. Schliisslech huet si am Escher Spidol ee Rendez-vous fir Mee 2022 krut.

An deem Zesummenhank hu mir folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Wéi eng Mesurë goufen an deene leschten zwee Joer vun Ärem Ministère geholl, fir déi laang Waardezäite bei der Mammographie ze verkierzen? Wéi jugéiert d'Madamm Minister d'Resultat vun dëse Mesuren?

2. Ass d'Zuel vun de Radiologen, déi hei am Land befugt sinn, fir Mammographien ze maachen an ze interpretéieren, säit dem Ufank vun der Pandemie an d'Luucht oder erofgaangen? Kann d'Madamm Minister erklären, ob dës Evolutioun direkt oder indirekt mat den Auswierkunge vun der Pandemie an Zesummenhank steet?

3. Wéi eng Efforte wëll d'Regierung an Zukunft maachen, fir d'Situatioun vun de laange Waardezäiten ze verbessern?

**Réponse** (26.04.2022) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** :

ad 1. Esou wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 2915 erkläert, gëtt et ee reegelméisseg Austausch zwëschen der Gesondheetsdirektioun an de Spideeler esouwéi och Visite sur place, fir déi beschtméiglech Solutioun ze fannen, fir de Prozess vun de Rendez-vousen an de verschiddene Spideeler ze optimiséieren.

Et sief drop higewisen, datt d'Residenten am Alter vu 50 bis 69 Joer, déi bei der CNS affiliéiert sinn, systematesch all zwee Joer invitéiert ginn, fir um Depistage vum Broschtkriibs deelzehuelen. Dës Invitatioun ass zwee Joer gültig an am Fall wou dës verluer gëtt, kann eng nei Invitatioun beim Centre de coordination des programmes organisés de dépistage des cancers an der Gesondheetsdirektioun ugefrot ginn. Zousätzlech kënnen affiliéiert mee Netresidenten och op Ufro an dësem éffentleche Gesondheetsprogramm deelhuefen.

Fir ee Rendez-vous, fir en individuellen Depistage ausserhalb vum organiséierte Screeningprogramm ze kréien, ass d'Waardezäit effektiv méi laang. D'Organisatioun vun de Rendez-vousen fir dës individuell Mammographië gi vun de Spideeler direkt organiséiert.

Am Fall wou en Dokter eng Mammographie fir seng Patientin ufreet, op Grond vu verdächtege Symptomer an engem motivéierten Avis, dierf den Delai fir ee Rendez-vous fir eng Mammographie net méi wéi zwou Wochen daueren.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 2. Et sief dorun erënnert, datt d'Gesondheetsdirektioun just Informatiounen huet zu de Radiologen, déi an der Imagerie mammaire tätég sinn, déi och am Programme mammographie aggréiert sinn.

Am Kader vun dësem Programm sinn um 1. Januar 2022 am Ganze 15 Radiologen an 23 Assistants techniques médicaux (ATM) am Programm aggréiert. Et ass an deene leschten zwee Joer also ee Radiolog bäikomm am Kader vum Programme mammographie. Dozou kommen nach puer Radiologen, déi och Aktivitéiten an der Imagerie mammaire hunn, awer net am Programm aggréiert sinn. D'Gesondheetsdirektioun huet allerdéngs keng genau Informatiounen zu der Unzuel vun dëse Radiologen, et ass awer dovunner auszegoen, datt et sech heibäi ëm dräi bis véier Radiologen handelt.

ad 3. Wéi schonns beschriwwen, sinn d'Delaie fir d'Rendez-vousen, fir eng Mammographie ze kréien, vu Spidol zu Spidol ënnerschiddlech. Motivéiert Urgencë kréien ëmmer e Rendez-vous bannent maximum zwou Wochen. Am Kader vum Programme mammographie, leien d'Delaie fir e Rendez-vous och ëmmer zwëschent enger an zwou Wochen, mat

Ausnam vum CHdN, wou den Delai effektiv bis zu véier Méint dauere kann. Fir dëst ze behiewen, huet den CHdN rezent en zousätzlechen Radiolog agestallt. Parallell dozou lafen och Diskussiounen an der Commission permanente du secteur hospitalier (CPH), fir datt d'Apparater an de véier Spideeler alleguerten erneiert ginn, fir datt se méi performant sinn. Et soll och een zousätzlechen Apparat an den CHdN op Ettelbréck kommen.

**Question 5989** (28.03.2022) de **M. Gusty Graas (DP)** concernant la **sécurité des réfugiés ukrainiens** :

Un mois après l’invasion par l’armée russe, plus de 3,6 millions de personnes ont quitté l’Ukraine. La majorité des réfugiés sont des femmes et des enfants. Selon Europol, ces femmes et mineurs sont la cible de groupes criminels organisés tout au long de leur trajet.

Dans ce contexte, j’aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes, à Madame la Ministre de la Justice et à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

1) Madame et Messieurs les Ministres ont-ils connaissance de réfugiés ukrainiens devenus victimes de la traite des êtres humains ?

2) Quelles mesures ont été mises en place pour garantir la sécurité des réfugiés ?

3) De quelle manière les initiatives privées d’accueil sont-elles encadrées pour renforcer la protection des réfugiés ?

4) Existe-t-il des mesures de prise en charge spécifiques pour venir en aide aux victimes de la traite des êtres humains ?

5) Comment les autorités luxembourgeoises coopèrent-elles avec des États partenaires en la matière ?

**Réponse commune** (27.04.2022) de **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice**, de **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes**, de **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration**, et de **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure** :

ad 1) À l’heure actuelle, la Police grand-ducale n’a pas connaissance de l’existence de victimes de la traite des êtres humains parmi les personnes fuyant la guerre en Ukraine et n’a pas été chargée d’une enquête judiciaire dans ce contexte.

ad 2) Le Comité de suivi de lutte contre la traite des êtres humains a dès le début du conflit ukrainien adopté plusieurs mesures de prévention et ceci dans le but de réduire tout risque d’exploitation.

Ainsi un communiqué conjoint<sup>5</sup> du Ministère de la Justice, du Ministère des Affaires étrangères et européennes ainsi que du Ministère de la Famille, de l’Intégration et à la Grande Région a été publié en date du 25 mars 2022 afin de sensibiliser aux risques encourus par les personnes fuyant la guerre en Ukraine de devenir victimes d’exploitation et de traite des êtres humains.

Ce communiqué contient notamment des informations sur les mesures mises en place dans un premier temps, telle que la distribution d’un dépliant en ukrainien, dont l’objectif est d’informer les victimes potentielles sur leurs droits ou la mise à disposition d’une brochure d’information sur le droit du travail.

Ces informations sont amplifiées par un « pop-up » sur le site [www.stoptraite.lu](http://www.stoptraite.lu) s’adressant en langue ukrainienne aux victimes potentielles.

Des représentants du comité de suivi ainsi que d’autres acteurs concernés ont eu des échanges avec les administrateurs de plusieurs pages facebook à destination des personnes fuyant la guerre en Ukraine afin de les sensibiliser sur le risque d’annonces et de publications malveillantes.

Finalement une formation accélérée sur support audiovisuel est disséminée le plus largement possible, notamment à l’attention de tous les nouveaux collaborateurs chargés de l’accueil des personnes fuyant la guerre en Ukraine.

ad 3) Suite à la vague de solidarité déclenchée par l’afflux de personnes fuyant la guerre en Ukraine, le Ministère de la Famille, de l’Intégration et à la Grande Région, ensemble avec Caritas Luxembourg et la Croix-Rouge luxembourgeoise, et en collaboration avec l’Office national de l’accueil, a mis en place un dispositif de mise en relation des bénéficiaires de protection temporaire avec les résidents luxembourgeois désireux de leur proposer un accueil en famille.

Les ménages privés qui souhaitent accueillir des personnes qui ont fui la guerre en Ukraine par le

biais de cette initiative, doivent remplir un formulaire qui est accessible en ligne sur plusieurs plateformes. Une des associations partenaire prend ensuite contact avec les personnes pour un entretien préalable et une visite à domicile.

La visite à domicile, réalisée par des travailleurs sociaux, sert à vérifier que les conditions de logement proposées sont conformes aux normes d’hébergement définies par l’Office national de l’accueil, c’est-à-dire permettent aux personnes d’être hébergées dans des conditions dignes. Les accueillants sont également sensibilisés au sujet de la traite des êtres humains. Par ailleurs, une hotline a été instaurée pour répondre aux éventuelles questions liées à ce dispositif.

Si l’hébergement répond aux critères en vigueur, il est proposé à l’Office national de l’accueil qui organise la mise en relation de la famille d’accueil avec les bénéficiaires de protection temporaire.

ad 4) En complément aux droits des victimes d’infractions pénales, toute personne identifiée comme victime de la traite des êtres humains, quel que soit notamment son sexe, âge, pays d’origine (UE ou pays tiers), pays d’exploitation ou motif de la traite, a le droit à assistance et à protection conformément aux dispositions légales suivantes :

- loi modifiée du 8 mai 2009 sur l’assistance, la protection et la sécurité des victimes de la traite des êtres humains ;

- loi du 9 avril 2014 renforçant le droit des victimes de la traite des êtres humains.

En vue de leur rétablissement physique, psychologique et social, les victimes de la traite se voient accorder notamment :

- un hébergement, une assistance sociale et socio-éducative, une assistance matérielle et financière, une assistance médicale, psychologique ou thérapeutique, selon leurs besoins ;

- une assistance linguistique, le cas échéant ;

- une assistance juridique conformément aux conditions de la législation afférente ;

- pour les ressortissants d’un pays tiers en séjour irrégulier : un sursis à l’éloignement suivi d’un titre de séjour provisoire sous certaines conditions (articles 92 et 93 de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l’immigration).

Le Service de police judiciaire, spécialisé en matière de protection des victimes, peut intervenir à toute heure (24/7) afin de mettre en place les mesures de protection et d’assistance pour les victimes identifiées de la traite. Ce service travaille en étroite collaboration avec l’ONG « Infotraite » accréditée en matière de traite.

Pour ce qui est spécifiquement des victimes mineures, ces dernières bénéficient, en plus de la loi modifiée du 8 mai 2009 sur l’assistance, la protection et la sécurité des victimes de la traite des êtres humains, des dispositions de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse. En dehors des heures de bureau, les services de la police contactent directement un foyer stationnaire pour mineurs qui accueille en urgence et à tout moment le mineur en besoin.

Selon la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l’immigration, la victime mineure entrée sur le territoire luxembourgeois sans être accompagnée d’un majeur responsable, se voit désigner dès que possible un administrateur ad hoc qui l’assiste dans le cadre de la procédure, y compris, si nécessaire, dans le cadre de la procédure pénale.

ad 5) Au niveau européen le Luxembourg participe activement à des réunions spécifiquement organisées par la coordinatrice européenne de la lutte contre la traite des êtres humains et ayant pour but de coordonner des mesures européennes afin de lutter contre le risque d’exploitation des personnes fuyant la guerre en Ukraine. Le Luxembourg y est représenté par le Ministère de la Justice en tant que coordinateur national de la lutte et par la Commission consultative des droits de l’homme en sa qualité de rapporteur national.

Dans le cadre de la présidence Benelux, le Luxembourg a également abordé le sujet au sein du groupe de travail « Traite des êtres humains » et a notamment échangé des bonnes pratiques avec la Belgique et les Pays-Bas.

**Question 5995** (30.03.2022) de **MM. Laurent Mosar et Gilles Roth (CSV)** concernant les **cabinets de conseil** :

Récemment, une commission d’enquête du Sénat français a publié son rapport sur l’influence croissante des cabinets de conseil sur les politiques publiques.

Les auteurs dudit rapport font notamment état d’un recours massif et croissant des pouvoirs politiques aux cabinets de conseil avec à la main une influence avérée de ceux-ci sur la prise de décision politique.

Ladite commission énonce enfin un certain nombre de propositions pour mieux encadrer l’intervention des cabinets de conseil qui peuvent se résumer comme suit :

- en finir avec l’opacité des prestations de conseil, notamment via la publication annuelle, en données ouvertes, de la liste des prestations de l’État et de ses opérateurs ;
- évaluer systématiquement les prestations fournies et appliquer des pénalités si celles-ci ne donnent pas satisfaction ;
- cartographier les compétences au sein des administrations et élaborer des plans de « réinternalisation » ;
- renforcer les règles déontologiques
- en interdisant les prestations pro bono, en dehors du mécénat,
- en imposant une déclaration d’intérêts aux consultants,
- en excluant ceux-ci des marchés publics en cas de non-respect des obligations déontologiques et
- en prévoyant la destruction systématique des données confiées aux cabinets de conseil à l’issue de leurs missions, sous le contrôle de la Commission nationale pour la protection des données.

Au vu de ce qui précède, nous souhaiterions poser les questions suivantes à l’ensemble des membres du Gouvernement, chacun en ce qui la/le concerne et pour chaque ministère, administration, service et autre entité dont elle/il endosse la responsabilité :

- Mesdames et Messieurs les Ministres peuvent-ils nous fournir le montant total par an (pour les cinq dernières années) des contrats passés avec des cabinets de conseil ?
- Mesdames et Messieurs les Ministres peuvent-ils nous fournir pour cette même période les montants effectivement déboursés ?
- Mesdames et Messieurs les Ministres peuvent-ils préciser pour tout contrat dépassant le montant de 100.000 euros (i) les prestations demandées et (ii) le nom du prestataire ?

- Le Gouvernement a-t-il négocié/négocie-t-il avec chacun des cabinets de conseil des accords-cadres ?
- Dans l’affirmative, à quelles fins ?
- Dans la négative, dans quel cas de figure le Gouvernement y a-t-il recours ?

- Mesdames et Messieurs les Ministres peuvent-ils exclure la fourniture de prestations pro bono par les cabinets de conseil ?

- Quel regard Mesdames et Messieurs les Ministres portent-ils sur les propositions de la commission d’enquête du Sénat français susmentionné ?
- Le Gouvernement entend-il faire sienne l’une ou l’autre de ces propositions ?
- Dans l’affirmative, lesquelles ?

**Réponse commune** (27.04.2022) de l’**ensemble des membres du Gouvernement** :

Il est renvoyé à la réponse commune du Ministre des Finances de l’époque et du Ministre de l’Économie à la question parlementaire n° 3724 de l’honorable Député Sven Clement du 26 février 2021 sur le même sujet.

Pour le surplus, il n’appartient pas au Gouvernement luxembourgeois de commenter des propositions émanant du parlement d’un pays tiers.

**Question 6007** (31.03.2022) de **M. Marc Spautz (CSV)** concernant l’**aide financière pour études supérieures** :

L’indexation des montants de l’allocation familiale avec effet rétroactif au 1<sup>er</sup> octobre 2021 ainsi que l’adaptation de l’allocation de vie chère sont entrées en vigueur le 1<sup>er</sup> janvier 2022.

Je souhaiterais dès lors poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances et à Monsieur le Ministre de l’Enseignement supérieur :

- Le Gouvernement envisage-t-il d’adapter aussi les montants de l’aide financière pour études supérieures ?

- Dans l’affirmative, pour quand cette adaptation est-elle prévue ? Dans la négative, pour quelles raisons les étudiants ne sont pas financièrement soutenus sachant qu’ils sont également concernés par le contexte international de la hausse des prix ?

**Réponse commune** (29.04.2022) de **M. Claude Meisch, Ministre de l’Enseignement supérieur et de la Recherche**, et de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** :

Vu le décalage des tranches indiciaires décidé dans l’accord tripartite du 31 mars 2022 et la hausse des coûts de la vie courante et vu la décision prise par le Gouvernement, dans le cadre de l’accord suite aux réunions du Comité de coordination tripartite, de revaloriser à partir de l’année académique 2022-2023 les aides financières de l’État pour études supérieures, en accordant une enveloppe financière additionnelle de dix millions d’euros, le Gouvernement déposera prochainement un

<sup>5</sup> [https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes\\_actualites/communiqués/2022/03-mars/25-sensibilisation-risques-ukraine.html](https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/communiqués/2022/03-mars/25-sensibilisation-risques-ukraine.html)





projet de loi qui vise à revoir à la hausse les montants semestriels des différents volets de l'aide financière pour études supérieures comme suit :

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

En outre, la majoration annuelle qui peut être allouée à des étudiants se trouvant dans une situation grave et exceptionnelle et étant confrontés à des charges extraordinaires sera doublée et passe de 1.000 euros actuellement à 2.000 euros. Comme c'est le cas à l'heure actuelle, cette majoration est ajoutée à raison de 50 % à la bourse de base et à raison de 50 % au prêt et est décidée par le ministre ayant l'Enseignement supérieur dans ses attributions et le ministre ayant le Budget dans ses attributions après avis d'une commission consultative.

Par ailleurs, une majoration sera désormais appliquée pour l'intégralité des frais d'inscription jusqu'à concurrence de 3.800 euros par année académique, cette majoration étant ajoutée à raison de 50 % à la bourse et à raison de 50 % au prêt. Jusqu'à présent, seuls les frais d'inscription dépassant un forfait de 100 euros et jusqu'à concurrence de 3.700 euros étaient pris en considération, le forfait de 100 euros ayant été donc à la charge des étudiants.

Au vu de la persistance de la crise sanitaire mondiale causée par la pandémie Covid-19, les étudiants ainsi que le monde académique en général continuent d'en être affectés, et ce bien au-delà des années académiques 2019-2020 et 2020-2021. En effet, mis à part les bouleversements et restrictions considérables dans la vie quotidienne des étudiants, il échoit de constater que, malgré les efforts continus des autorités compétentes des différents États et des établissements d'enseignement supérieur pour adapter le fonctionnement de l'enseignement supérieur au nouveau contexte sanitaire, de nombreux étudiants ont été et continuent d'être perturbés par les conséquences inhérentes à la pandémie Covid-19 dans le cadre de leurs études supérieures.

Il est ainsi prévu d'étendre à l'année académique 2021-2022, pour des bénéficiaires bien définis, les mesures introduites par les lois du 17 juillet 2020 et du 21 juillet 2021 portant modification de la loi modifiée du 24 juillet 2014 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures et visant à contrebalancer les répercussions de la pandémie Covid-19 sur l'enseignement supérieur et plus précisément sur la progression des étudiants dans leur parcours académique.

L'extension de ces mesures permettra dès lors d'inclure au cercle des bénéficiaires également les étudiants ayant entamé leurs études supérieures pendant l'année académique 2021-2022.

Par conséquent, ces étudiants pourront aussi bénéficier des dispositions dérogatoires en matière de durée maximale pendant laquelle ils peuvent bénéficier, dans un seul cycle d'études, de l'aide financière pour études supérieures, ainsi que des dispositions dérogatoires en matière de contrôle de la progression au premier cycle d'études, telles que prévues par les lois précitées du 17 juillet 2020 et 21 juillet 2021 :

- ajout d'une unité additionnelle au nombre de semestres supplémentaires par rapport à la durée d'études officielle pendant lesquels l'étudiant peut bénéficier de l'aide financière pour études supérieures en vertu de l'article 7, paragraphes 4 à 7, de la loi de 2014 ;

- report d'une année de l'échéance du contrôle de la progression des étudiants inscrits en premier cycle telle que prévue à l'article 7, paragraphes 10 et 11, alinéa 2, de la loi de 2014.

**Question 6008** (31.03.2022) de **MM. Max Hengel, Léon Gloden et Mme Octavie Modert** (CSV) concernant les **inondations de juillet 2021** :

D'Héichwaasserkatastroph am Juli d'lescht Joer huet a verschiddene Géigende vum Land extreem Schied hannerlooss, vun deem esouwuel Privatleit, Baueren, Geschäftsleit an och Gemenge betraff waren.

D'Regierung hat alle Concernéierte séier an onbürokratesch Hëllef versprach. Eng 50 Milliounen Euro un Direkthëllef sinn deemools op de Wee bruecht ginn, fir de Beträffene vun deser Naturkatastroph ze hëllefen. Eng Rei Bähellefe sollten zum Deel iwwer de Familljeministère ofgewéckelt ginn, anerer iwwer de Landwirtschaftsministère an de Mëttelestandsministère respektiv den Inneministère.

Eisen Informatiounen no ass et awer esou, datt d'Gemenge bis elo vun de versprochenen Hëllef, fir hir eege Schied zum Deel ze decken, näischt iwwerwise kruten.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Froen un d'Madamm Inneminister riichten:

- Kann d'Regierung dës Informatioun bestätegen?

- Wa jo, wat sinn d'Grënn dofir?

- Wéi vill Gemengen hunn en Dossier beim Staat agereecht? Wéi héich sinn d'Schied, déi d'Gemenge beim Staat deklaréiert hunn?

- Wéi vill Bähellefe si vun de jeeweilege Ministèren u Privatleit an Entrepreneuren ausbezuelte ginn a wat ass d'Unzuel u Beneficiairë vun dëse Bähellefen?

**Réponse commune** (29.04.2022) de **Mme Taina Bofferdig, Ministre de l'Intérieur**, de **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration**, et de **M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes** :

D'Intemperie vum 14. a 15. Juli 2021 hu fir grouss Materialschued op ville Plazen am Land gesuergt. D'Regierung huet dës als „Catastrophe et calamité naturelle“ klasséiert. An deem Kontext gouf eng finanziell Ënnerstëtzung vun 100.000.000 € fir déi betreffen Affäre zur Verfügung gestallt.

Mir verweisen déi honorabel Deputéiert op d'Äntwert zur parlamentarescher Fro N° 5691 zum selwechte Sujet.

**Question 6010** (31.03.2022) de **Mme Djuna Bernard** et **M. François Benoy** (*déi gréng*) concernant **l'égalité dans les carrières scientifiques à l'Université du Luxembourg** :

Selon l'interview de la chargée de l'égalité des genres (Gender Equality Officer) de l'Université du Luxembourg au « Tageblatt » le 12 février 2022, le Luxembourg se situe en queue de classement des pays d'Europe en ce qui concerne la mise en œuvre de l'égalité dans le domaine académique. Seulement 67 des 267 professeurs de l'université sont des femmes, un chiffre qui stagne depuis l'ouverture de l'université. Dans les disciplines MINT (mathématiques, informatique, sciences naturelles et technique), le rapport est encore plus déséquilibré. En date du 21 mai 2021, le conseil de gouvernance de l'Université du Luxembourg a adopté une politique d'égalité des genres (Gender Equality Policy).

Lors de la Journée internationale des femmes et des filles de science en date du 11 février, la campagne de sensibilisation « Women and Girls in Research », menée par « Research Luxembourg » et soutenue par le MEGA a été lancée. Avec des vidéos-témoignages, la campagne vise à encourager les filles et les femmes à s'engager dans la recherche et dans les sciences en vue d'y garantir une approche diversifiée et inclusive.

Dans ce contexte, nous aimerions savoir de la part de Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et de Madame la Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes :

- Quelles sont les mesures concrètes qui ont été retenues dans la politique d'égalité des genres afin d'augmenter le pourcentage de femmes dans les postes académiques (professeures, chercheuses, etc.) pour les années à venir ? Quelles mesures ont déjà été mises en œuvre ?

- Les chercheuses qui font de la recherche dans un laboratoire en sont souvent exclues lors d'une grossesse du fait qu'elles ne doivent pas entrer en contact avec des substances nocives. Existe-t-il des réflexions visant à aménager des laboratoires dans lesquels les chercheuses enceintes peuvent travailler en toute sécurité ?

- La campagne « Women and Girls in Research » sera-t-elle développée davantage ?

**Réponse commune** (29.04.2022) de **Mme Taina Bofferdig, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes**, et de **M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche** :

Les députés relèvent à juste titre le déséquilibre entre femmes et hommes dans le domaine académique, et surtout dans les branches dites « MINT » (mathématiques, informatique, sciences naturelles et technique).

Afin de remédier à cette situation, le Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes (MEGA) soutient des initiatives et projets visant à rompre avec ces inégalités et envisage un certain nombre de mesures dans le plan d'action national pour une égalité entre les femmes et les hommes visant à augmenter le taux féminin dans le domaine académique et de la recherche tant au niveau de la gouvernance et de la prise de décision qu'en matière de sensibilisation s'adressant aux filles et aux femmes pour les professions dans les matières susmentionnées.

- En matière de lutte contre les stéréotypes liés au sexe, le volet des choix professionnels est particulièrement visé, sachant que le choix pour une formation ou une profession est souvent guidé par des stéréotypes sexuels. Voilà pourquoi le plan d'action national pour une égalité entre les femmes

et les hommes prévoit de promouvoir des activités et applications du domaine de la technologie de manière genrée, en évitant les stéréotypes de genre et en cadrant les applications de façon à attirer garçons et filles de manière équilibrée.

Notons dans ce contexte que le ministère en collaboration avec l'ASBL « Women in Digital Empowerment » (WIDE) avait consacré la Journée internationale des femmes en mars 2020 aux professions digitales.

Le MEGA met un accent particulier sur la lutte contre les ségrégations professionnelles dues aux inégalités de perspectives sur le marché du travail. L'objectif est de rechercher un meilleur équilibre entre les sexes dans tous les secteurs en prenant, respectivement en soutenant des initiatives pour inciter les filles à embrasser des carrières scientifiques, technologiques et informatiques. Des initiatives « Girls in Tech », « Girls exploring Math », « Women in Digital Empowerment » ou encore « Women and Girls in Research » sont régulièrement prises en coopération avec d'autres acteurs clés conventionnés avec le MEGA tels que WIDE ou encore le Fonds national de la recherche.

- En date du 11 février 2022, le MEGA a célébré au Luxembourg Science Center à Differdange la Journée internationale des femmes et des filles de science avec le lancement de la campagne de sensibilisation « Women and Girls in Research »<sup>6</sup> menée par « Research Luxembourg » et le Fonds national de la recherche. La campagne vise à encourager les filles et les femmes à s'engager dans la recherche et dans les sciences en vue d'y garantir une approche diversifiée et inclusive. Une réédition de cette initiative est envisageable pour l'année 2023.

En ce qui concerne l'Université du Luxembourg, l'université s'efforce d'être un lieu de travail ouvert à tous et équitable et s'est fixée comme objectif stratégique d'offrir l'égalité des chances et des résultats à ses employés actuels et futurs. L'égalité du genre joue un grand rôle pour atteindre cet objectif. Or, le nombre de femmes professeures dans le personnel académique est encore faible, en particulier dans les disciplines MINT (mathématiques, informatique, sciences naturelles et technique). Selon le dernier bilan social, les femmes représentaient 25 % des professeurs au 31 décembre 2021.

En 2020, l'université a réalisé un audit visant à mieux identifier et comprendre les défis liés au genre sur le lieu de travail. Ainsi, 87 % des participantes au sondage issues du corps académique avaient la perception qu'il est plus facile pour un homme d'accéder à un poste à responsabilité que pour une femme.

Pour réagir à la composition déséquilibrée actuelle du personnel, l'université a lancé plusieurs mesures. Tout d'abord, la procédure sur les recrutements académiques, adoptée en été 2020, a fait de la promotion de l'égalité des genres l'une de ses lignes directrices. Cette procédure stipule qu'au cours de la recherche et de la sélection des candidats pour un poste académique, des efforts actifs sont déployés pour solliciter des candidatures de femmes qualifiées, pour assurer une prise en compte impartiale des candidatures et pour inviter des femmes qualifiées à un entretien pour chaque poste :

- En ce qui concerne la composition de la commission de recrutement académique, il faut assurer l'équilibre des genres. À défaut de parité, deux membres doivent appartenir au genre sous-représenté d'une commission de recrutement.

- Le président des comités de recrutement doit accepter de suivre la formation nécessaire à l'activité d'évaluation, notamment sur la diversité, l'égalité des sexes et les préjugés inconscients.

- La faculté ou le centre interdisciplinaire qui recrute doit utiliser un langage inclusif dans l'annonce du poste et s'engager activement dans une large recherche de candidats afin d'identifier d'excellentes candidates. Le comité de recrutement académique veille à ce qu'au moins une candidate qualifiée soit invitée à un entretien. Dans le cas où aucun profil adéquat n'a été détecté parmi les candidates, une justification détaillée est incluse dans le rapport d'évaluation.

- Si aucune ou peu de candidates qualifiées sont identifiées, le président du comité de recrutement en informe le recteur, qui décidera si des mesures correctives sont recommandées (par exemple, clôturer l'exercice et soumettre à nouveau un profil de poste révisé ou prolonger la période de publication du poste).

- En ce qui concerne le classement des candidats, dans les départements où moins de 30 % des professeurs sont des femmes, la préférence doit être donnée à la candidate féminine, en cas de qualifications égales des candidats.

<sup>6</sup> <https://www.fnr.lu/womeninscience/>

- Si l'annonce est faite à plusieurs niveaux professionnels, en fonction de la qualité des profils reçus, le comité de recrutement recommande le niveau professoral auquel les candidats classés devraient être nommés. Dans les départements où moins de 30 % des professeurs sont des femmes, le comité doit choisir le niveau professoral de manière à maximiser les chances de sélectionner une excellente femme professeur.

- Dans son évaluation des candidats, le comité de recrutement tient compte des circonstances qui peuvent avoir entraîné une réduction de la quantité de production ou activité scientifique, y compris les congés pour raisons familiales et les interruptions de carrière, afin de ne pas pénaliser des candidates pour des congés parentaux et autres. Les exigences en termes de qualité doivent toujours être maintenues.

En outre, les mesures de promotion compétitive de l'université pour le personnel académique ont été adaptées en conséquence. Par exemple, dans la composition des comités internes d'évaluation, l'université vise le meilleur équilibre entre les sexes parmi les membres du comité, dans la limite du personnel universitaire actuel. Les membres du comité proposés doivent accepter de suivre la formation nécessaire à l'activité d'évaluation ainsi qu'en matière d'égalité et de diversité. Des règles similaires en termes de composition et formation des membres s'appliquent au comité d'évaluation externe de la promotion compétitive.

L'adoption d'un code de conduite en 2020 ainsi que la mise en place pour l'institution d'un ombudsman indépendant en 2021 sont d'autres pas sur le chemin vers une culture de travail plus égalitaire à laquelle l'université s'est engagée.

Sur la base de l'audit mené en 2020, l'université a adopté en 2021 une politique d'égalité du genre. Cette politique est accompagnée d'une liste ambitieuse d'actions concrètes que l'université mettra en place dans le cadre de son plan quadriennal 2022-2025 :

- Un élément-clé du plan d'action est la mise en place d'un programme de mentorat afin de soutenir l'avancement des femmes dans les postes de professeures.

- Pour augmenter le nombre de professeures et améliorer l'équilibre entre les sexes, l'université envisage l'utilisation de plusieurs outils, dont la possibilité de nomination par appel de professeures ordinaires et la mise en place éventuel d'un programme de chaires d'excellence pour jeunes professeures.

- De plus, l'université prévoit de solliciter le soutien de plusieurs fonds européens ainsi que du Fonds national de la recherche afin de lever des fonds pour des postes supplémentaires afin d'attirer d'excellentes professeures. Les indicateurs de performance, tels qu'ils figurent dans la convention pluriannuelle 2022-2025 entre l'État et l'université, comprennent un objectif d'au moins 30 % de professeures en 2025, tous niveaux confondus (professeure assistante, professeure adjointe et professeure ordinaire).

L'université a récemment mené une enquête dans tous ses départements où des chercheurs travaillent dans des laboratoires. Cette étude a été conçue par la déléguée à l'égalité des genres. Elle est dans la phase d'analyse des réponses et des opinions des chercheurs pour comprendre les bonnes mesures à mettre en place pour rendre les laboratoires plus accessibles aux chercheurs enceintes tout en respectant les dispositions légales en termes de sécurité au travail.

**Question 6011** (31.03.2022) de **M. Laurent Mosar** (CSV) concernant les **sanctions financières à l'encontre de la Fédération de Russie dans le sillage de l'invasion par les troupes russes de l'Ukraine** :

Dans un communiqué du 3 mars 2022, la Banque centrale du Luxembourg (BCL) a fourni des détails sur des interactions financières du système financier luxembourgeois avec des contreparties résidentes dans la Fédération de Russie (Russie). Ainsi, selon les données de la BCL :

- l'exposition des banques luxembourgeoises sur des contreparties russes se chiffre à quelque 4,3 milliards d'euros au 31 décembre 2021, soit 0,45 % du total des actifs des banques luxembourgeoises ;

- les dépôts effectués par des résidents de la Fédération de Russie auprès des banques luxembourgeoises s'élèvent à 2.366 millions d'euros au 31 décembre 2021 ;

- les fonds d'investissement luxembourgeois affichent une exposition de quelque 18 milliards d'euros sur des résidents de la Fédération de Russie, soit 0,26 % du total des actifs des fonds d'investissement luxembourgeois qui se chiffre à 6.908 milliards d'euros.

Hier en commission, Mesdames les Ministres ont livré des détails sur la mise en œuvre des sanctions





financières à l'encontre de la Russie. En tout, quelque 2,5 milliards d'euros auraient ainsi été saisis, chiffres qui ne prenaient pas en compte les sanctions contre la Russie existant avant le 24 février 2022.

Bien que Mesdames les Ministres, de même que le directeur de la CSSF quelque temps auparavant, ont pu fournir des éclaircissements sur la mise en œuvre des sanctions financières par les entités tombant sous la surveillance de la CSSF, aucune information n'a été communiquée au sujet des entités non réglementées par celle-ci.

Il existe pourtant à titre d'exemple nombre de domiciliaires qui échappent au contrôle de la CSSF, raison pour laquelle j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre des Finances et à Madame le Ministre de la Justice :

- Comment et par qui la mise en œuvre des sanctions financières à l'égard de la Russie vis-à-vis de ces dernières entités est-elle assurée ? Y a-t-il déjà eu des contrôles sur place ? Mesdames les Ministres peuvent-elles me fournir ces informations par type d'entités ?

- Parmi les notifications de gel d'avoirs, combien émanaient d'acteurs non réglementés par la CSSF ? Combien de demandes de clarifications émanaient de ces acteurs ?

- Comment Mesdames les Ministres et leurs services organisent-ils la surveillance et par extension la mise en œuvre des sanctions au niveau d'entités administrées voire contrôlées par des personnes figurant sur la liste des personnes sanctionnées et qui ont démissionné de leurs postes d'administrateurs ou de dirigeants postérieurement au 24 février 2022 ? De telles démissions ne devraient-elles pas être empêchées voire suspendues pour éviter toute tentative de camouflage ?

**Réponse commune** (03.05.2022) de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances*, et de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

Tous les opérateurs, y inclus les prestataires de services aux sociétés et fiducies, sont obligés par la loi du 19 décembre 2020 relative à la mise en œuvre de mesures restrictives en matière financière d'appliquer les sanctions.

Concernant la domiciliation, il convient de faire référence au dispositif de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés, et qui stipule que lorsqu'une société établit auprès d'un tiers un siège pour y exercer une activité dans le cadre de son objet social et que ce tiers preste des services quelconques liés à cette activité, la société et ce tiers, appelé domiciliaire, sont tenus de conclure par écrit une convention dite de domiciliation.

Seul un membre inscrit de l'une des professions réglementées suivantes, établi au Grand-Duché de Luxembourg, peut être domiciliaire : établissement de crédit ou autre professionnel du secteur financier et du secteur des assurances, avocat, réviseur d'entreprises, experts-comptables. Il en résulte que tout prestataire de services aux sociétés et fiducies est réglementé et surveillé soit par une autorité de contrôle soit par un organisme d'autorégulation. Les domiciliaires qui ne sont pas réglementés voire surveillés par la CSSF n'opèrent pour autant pas dans des zones de non-droit.

En application de l'article 6, paragraphe 2, de la loi du 19 décembre 2020, il appartient plus spécifiquement aux ordres des avocats des barreaux de Luxembourg et de Diekirch, à la Chambre des Notaires et à la Chambre des huissiers de justice de s'assurer que les professionnels soumis à leur contrôle appliquent les mesures restrictives à l'égard des personnes physiques et morales, entités ou groupes figurant sur une liste annexée à un acte de l'Union européenne et en informent le Ministre des Finances.

Il revient à ces organismes d'autorégulation de s'assurer que les professionnels soumis à leur contrôle appliquent l'obligation d'information du Ministère des Finances et de gel, pour l'ensemble de leurs activités qui génèrent des fonds ou des ressources économiques au profit des personnes physiques et morales, entités ou groupes visés par des mesures restrictives en matière financière. Qui plus est, les autorités de contrôles et les organismes d'autorégulation procèdent à des contrôles sur place dans le cadre de leurs obligations et compétences respectives.

Les organismes d'autorégulation adoptent une approche de surveillance fondée sur les risques pour mettre en œuvre les contrôles.

La Chambre des Notaires a notamment informé les notaires des diverses mesures applicables (notamment celles issues de la loi du 19 décembre 2020 relative à la mise en œuvre de mesures restrictives en matière financière) et de leurs obligations dans le cadre des sanctions financières à l'encontre de la Russie par le biais de cinq circulaires.

La Chambre des Notaires ainsi que la Commission de lutte contre le blanchiment des capitaux et le fi-

nancement du terrorisme de la Chambre veillent à la diffusion des sources d'informations respectivement des informations relatives aux mesures et obligations applicables aux notaires et à leur bonne fin. Le contrôle du respect de ces obligations est assuré en parallèle des contrôles opérés dans le cadre de la lutte contre le blanchiment des capitaux telle que prévue notamment par la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme (« LBC/FT »).

En ce qui concerne les huissiers de justice, trois études ont été contrôlées sur place en 2021 en application de la loi relative à la mise en œuvre de mesures restrictives en matière financière, ce qui fait un total de 5 huissiers de justice sur 19. D'autres contrôles sur place sont prévus cette année.

À noter que ni les notaires, ni les huissiers de justice ne figurent dans la liste définie à l'article 1<sup>er</sup> de la loi modifiée du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés des professionnels ayant l'autorisation d'exercer une activité de domiciliation.

L'Ordre des avocats du Barreau de Luxembourg a émis une circulaire intitulée « spécial Russie - mesures restrictives et gel des avoirs », adressée à tous les membres du barreau aux fins de les rendre attentifs aux obligations auxquelles ils sont soumis en vertu des règlements européens et de la loi du 19 décembre 2020. Cette circulaire a notamment souligné la différence de ce régime avec les obligations en matière LBC/FT.

Dans le cadre des contrôles LBC/FT off-site réalisés par la Commission de contrôle du Barreau de Luxembourg (CCBL), un questionnaire a été adressé, en date du 25 mars 2022, à tous les prestataires de services aux sociétés et fiducies inscrits au barreau. Cinq questions ont visé plus particulièrement les sanctions, voire les activités des prestataires de services aux sociétés et fiducies en relation avec les ressortissants russes. Les résultats de cette étude seront présentés dans un avenir proche.

Des contrôles sur place dédiés aux mesures restrictives sont d'ores et déjà programmés dans certaines études sur base des renseignements obtenus lors de l'exploitation des réponses données au questionnaire « off-site » réalisé auprès de tous les membres du barreau en automne 2021. D'autres contrôles se rajouteront en fonction des réponses données au questionnaire adressé aux prestataires de services aux sociétés et fiducies. Les contrôles LBC/FT normalement programmés en début d'année seront systématiquement élargis pour couvrir également la mise en œuvre desdites sanctions.

Enfin, il convient de souligner que la démission d'un administrateur-personne désignée de son poste d'administrateur ou de dirigeant ne constitue pas en soi un contournement. En effet, il convient d'examiner les démissions y relatives au cas par cas afin de déterminer si elles constituent des tentatives de contournement.

**Question 6012** (01.04.2022) de **M. Paul Galles** et **Mme Diane Adehm** (CSV) concernant le **paiement du gaz russe en roubles** :

Laut Presseinformationen hätt de russesche President Wladimir Putin de Mëtten een Dekret ënnerschriwwen, no deem auslännesch Keefer vu russeschem Gas vu muer un a Rubel bezuele müssen. Ausserdeem hätt hien ugeuerdent, dass westlech Staaten dofir Konte bei der Gazprombank missten opmaachen. Am anere Fall géife Gasliwwerunge fir dës Staaten agestallt ginn.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un den Här Minister fir Energie stellen:

1. Wat bedeit d'Decisioun vum russesche Staatspräsident fir d'Lëtzebuurger Gasakeef?
2. Hu Lëtzebuerg respektiv déi Lëtzebuurger Gasfournisseuren e Konto a Rubel oder net?
3. Wann net, ass Regierung bereet, e Kont op der Gazprombank oder soss enger anerer Bank opzemaachen?
4. Wéi vill Gas kritt Lëtzebuerg aus Russland geliwwert, direkt an iwwer Ëmweeër?

**Réponse** (27.04.2022) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

ad 1. - 3. Esou wéi an der Äntwert op d'Question parlementaire N° 5982 duergestallt, wäert den Dekret N° 172 vum 31. Mäerz vum russesche President eng Ännerung vun kontraktuelle Kader fir d'Ausféierung vu besteeënde Versuerungskontrakter vu privatwirtschaftlechen Entreprisen tëscht russesche Gasfournisseuren an europäeschen Händler bewierken, andeem unilateral nei Obligatiounen fir all EU-Entreprisë bäigefüügt gi sinn.

Esou wéi och schonn d'Energieministere vun de G7-Länner am Virfeld ugekënnegt hunn, dass Kontrakter anzehale sinn an domat d'Bezuelen a Rubel net akzeptabel ass, réit d'Europäesch Kommissioun den

europäeschen Händler, hire russesche Vertragspartner kloerzemaachen, dass si weiderhi wëlles sinn, hir kontraktuell Verflchtungen ënnert de bestoende Kontrakter anzehalen an hir Rechnunge weiderhin an Euro oder an Dollar ze bezuelen. Konten a Rubel opzemaachen, ass deemno net virgesinn, weeder vu Lëtzebuergeschen Acteuren nach vun Acteuren an der ganzer EU. Doriwwer eraus bestätege Fournisseuren, déi Äerdgas op Lëtzebuerg liwweren, op Nofro, dass si kee Gas direkt aus Russland importéieren, mee dass si de Gas entweeder op den Handelsmäert (Bourssen) oder direkt bei aneren Tëschenhändler akafen. Dëst sinn dann och Transaktiounen tëschent europäesche Partner, déi och an Euro ofgewéckelt ginn. E gewëssene Risiko fir d'Lëtzebuurger Fournisseure besteet also doranner, dass d'Vetragspartner kéinten ausfalen, well déi eventuell net méi liwwere kënnen, well si net a Rubel bezuelen an dowéinst net méi beliwwert ginn.

ad 4. Sou wéi och schonn an den Äntwerten op déi parlamentaresch Froen N° 5680 an N° 5802 duergestallt, importéiert Lëtzebuerg den Haaptundeel vu sengem Gasbedarf aus der Belsch, mat där Lëtzebuerg eng gemeinsam Maartzon bilt. Well de Gas zu engem groussen Deel op Bourse gehandelt gëtt oder iwwer privat Kontrakter kaaft gëtt, ass et schwierig, fir prezis ze soen, wéi vill russesche Gas effektiv op Lëtzebuerg geliwwert gëtt. Eng rezent Kommunikatioun vun der Europäescher Kommissioun estiméiert, dass am Joer 2021 eppes iwwert 40 % Äerdgas aus Russland an d'Europäesch Unioon importéiert gi sinn. An der Belsch ass den Undeel vun Äerdgas aus Russland, deen 2019 nach bei knapp 10 % louch, zënter 2021 weider erofgaange weinst alternative Sourcen, besonnesch aus Norwegen, an duerch d'Erhéijung vun den Importer vu fläsegem Äerdgas (LNG) iwwert den LNG-Terminal zu Zeebrugge. Par rapport zur leschter Publikatioun vum Statec vun 2017, déi en Taux vu 27,2 % fir russeschen Äerdgas hei zu Lëtzebuerg ugëtt, kann een deemno dervun ausgoen, dass den Undeel vum Äerdgas, dee physisch aus Russland op Lëtzebuerg kënnt, aktuell daitlech méi niddereg läit. D'Analyse vu Bruegel, engem Brëiseler Thinktank, estiméiere fir Lëtzebuerg fir dat Joer 2021 en Importundeel fir russesche Gas vun 13,8 %.

**Question 6027** (05.04.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant les **efforts diplomatiques dans le cadre de la guerre du Donbass** :

Mengen Informationen no, goufen et schonn an der Vergaangenheet eng Rei Beméiunge säitens der Lëtzebuurger Diplomatie, fir op d'Situatioun an de Regionnen Donbass a Lugansk opmierksam ze maachen. Dës Beméiungen hunn zäitweis parallel zu Treffen an Telefonater vum Premier mam russesche President stattfonnt.

An deem Zesammenhang wëilt ech dem Premierminister an dem Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa dës Froe stellen:

1. Gouf et säitens der Diplomatie tëscht 2014 an haut Reesen an oder bei d'Regiounen Donbass a Lugansk? Wa jo, wat war d'Zil vun dëse Reesen? Wat war de Fazit?
2. Wéi stinn d'Beméiunge vun der Diplomatie am Rapport zu de Gespréicher vum Premier mam President Putin an dëser Zäit, zum Beispill während der Weltausstellung 2017 zu Kasachstan?
3. Kann de Premier versécheren, dass hei een eenheetleche Message zu de russeschen Aggressiounen säit 2014 vu Säite vu Lëtzebuerg géigeniwwer Russland an der Ukrain vermëttelt gouf?

**Réponse commune** (20.04.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre*, *Ministre d'État*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1. De Minister Asselborn ass zanter 2014 zweemol an d'Donbass Region gereest, fir sech op der Plaz e Bild vun der Situatioun ze maachen, an der ukrainescher Säit ze versécheren, datt Lëtzebuerg sech weiderhi fir d'Onofhängegkeet, d'Souveränitéit an d'territorial Integritéit vun der Ukrain asetzt.

Déi éischt Rees huet vum 13. bis 14. Mäerz 2017 stattfonnt. Et goufe Entrevuë mam Gouverneur vun Donetsk, dem Buergermeeschter vu Mariupol, souwéi mat Verrieder vun der OSZE Missioun, déi als Observateur am Konfliktgebitt aktiv war.

Déi zweet Rees war vum 6. bis 7. Mee 2021 zesumme mat der Ministesch Sophie Wilmès an dem Minister Stef Blok am Kader vun enger Benelux Aarbechtsvisitt. Vu Kharkiv aus goug et mam Helikopter op Severodonetsk, am Oste vum Land, fir d'Ligne de contact zu Shchastia ze besichen. Entrevuë goufen et mam Generalstab vun der ukrainescher Arméi an dem Gouverneur vum Oblast Lugansk.

ad 2. Während all senge Reuniounen mat de russeschen Autoritéiten huet de Premierminister d'Wich-

tegheet ënnerstrach, fir Stabilitéit a Sécherheet um europäesche Kontinent ze garantéieren. De Premierminister huet ëmmer seng Verurteilung a seng Bedenken iwwer d'Verletzungen vu Russland vum internationalen Recht ausgedréckt.

ad 3. Jo.

**Question 6038** (07.04.2022) de **Mme Diane Adehm** (CSV) concernant la **rétenion des données** :

Dans un récent arrêt C-140/20 Commissionner of the Garda Síochána e. a., la Cour vient de rappeler sa jurisprudence antérieure en indiquant que « le droit de l'Union s'oppose à une conservation généralisée et indifférenciée des données relatives au trafic et à la localisation afférentes aux communications électroniques aux fins de la lutte contre les infractions graves ».

Alors que l'ancien Ministre de la Justice avait déjà déclaré en 2014 d'adapter notre cadre légal par rapport au premier arrêt en la matière (Digital Rights), le projet de loi n° 6763 déposé dans le sillage n'a jamais été fait avancer.

Depuis lors, et à part de multiples annonces dans le sens d'une amélioration de la législation en matière de rétenion de données, le cadre légal n'a à ce jour pas encore été mis à niveau.

Encore en décembre 2020, dans le cadre d'une question élargie initiée par notre groupe politique, Madame le Ministre a déclaré une énième fois que ses services travailleraient sur le sujet. Elle a argué qu'il s'agit, d'une part, de mettre notre législation en conformité avec la jurisprudence de la Cour de justice de l'Union européenne (CJUE) et, d'autre part, d'offrir plus de sécurité juridique aux enquêtes menées par les autorités judiciaires.

Au vu de ce qui précède, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre de la Justice :

1) Madame le Ministre peut-elle m'informer de l'avancement des travaux autour d'un nouveau cadre légal en matière de rétenion des données ?

2) Le dépôt d'un nouveau projet de loi est-il imminent (sachant que Madame le Ministre a, elle-même, déclaré que le projet de loi n° 6763 n'irait pas assez loin et ne répondrait pas aux éclaircissements fournis par la jurisprudence de la CJUE) ? - Quand Madame le Ministre entend-elle retirer du rôle le projet de loi n° 6763 ? De l'avis de Madame le Ministre, l'arrêt C-140/20 apporte-t-il de nouveaux éclaircissements par rapport aux arrêts antérieurs de la CJUE ? - Dans l'affirmative, lesquels ?

3) Madame le Ministre peut-elle m'informer des derniers développements au niveau européen au sujet d'une révision de la directive 2006/24/CE invalidée par la CJUE ?

4) Madame le Ministre peut-elle enfin m'informer si dans des affaires pénales portées devant le juge luxembourgeois, des données stockées sur base des articles 5 et 9 de la loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques, ont dû être retirées du dossier pénal, respectivement n'ont pas été admises comme moyen de preuve par le juge pénal ?

**Réponse** (02.05.2022) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1) Les travaux autour d'un nouveau cadre légal en matière de rétenion des données sont en cours.

Il est important de noter dans ce contexte qu'au vu de la nature évolutive de la matière, due aux précisions apportées par les différents arrêts de la CJUE depuis 2014, et de la nécessité de garantir la coopération judiciaire au niveau européen dans ce domaine important, une réforme de la législation actuelle sur la conservation des données s'avère complexe et nécessite une analyse approfondie des implications de la jurisprudence dont question.

ad 2) Le projet de loi n° 6763 sera retiré du rôle au moment du dépôt du nouveau projet de loi à la Chambre des Députés.

Dans son arrêt C-140/20 du 5 avril 2022, la grande chambre de la CJUE confirme sa jurisprudence selon laquelle le droit de l'Union s'oppose à des mesures législatives nationales prévoyant, à titre préventif, une conservation généralisée et indifférenciée des données relatives au trafic et à la localisation afférentes aux communications électroniques, aux fins de la lutte contre les infractions graves.

La Cour, dans sa décision de 2022, apporte en outre de nouvelles précisions sur les conditions dans lesquelles des dérogations à cette règle, strictement encadrées et conformes au principe de proportionnalité, sont possibles. La CJUE confirme donc sa jurisprudence selon laquelle le droit de l'UE ne s'oppose pas à des mesures législatives qui prévoient, afin de lutter contre la criminalité grave et la





prévention des menaces graves contre la sécurité publique, certains types de conservation.

Puis, elle réaffirme aussi l'exigence d'un contrôle préalable indépendant soit par une juridiction soit par une autorité indépendante et elle offre également une trame pour un dispositif dérogatoire compatible avec le droit de l'UE et apporte des précisions sur les catégories de mesures envisageables.

ad 3) Pour le moment, la Commission européenne se penche toujours sur la révision de la directive sur la conservation des données (2006/24/CE). Le processus de révision est partant en cours, mais la Commission n'a pas encore soumis de proposition de texte aux États membres en vue d'une négociation au niveau européen.

ad 4) À ce jour, la validité de la loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques n'a pas été mise en cause devant les juridictions luxembourgeoises. Les autorités judiciaires ne disposent par ailleurs pas de statistiques relatives à l'usage judiciaire de données issues de l'application de la loi modifiée précitée du 30 mai 2005.

**Question 6049** (08.04.2022) de **MM. Fernand Kartheiser** et **Fred Keup** (ADR) concernant le **chauffage des terrasses** :

A Frankräich ass et vum 31. Mäerz u verbueden, datt d'Terrassen nach därfe Material opstellen, fir dobaussen ze hëtzen. An engem Artikel vum „Paperjam“ vum 30. Mäerz heescht et, datt den Här Mëtzelstandsminister net wëlles hätt, dëse Verbuet och hei zu Lëtzebuerg anzeféieren. Am Hibleck op d'Bestriewunge vun der Regierung, all Méiglechkeeten ze notzen, fir Energie anzespueren, mécht sech elo awer och den Horeca-Secteur zu Lëtzebuerg Suergen, datt et awer eventuell eng Kéier zu enger Decisioun kéint kommen, duerch déi d'Terrasse vun engem bestëmmten Zäitpunkt am Joer un net méi baussen hëtzen däerfen.

An deem Kontext hätte mir folgend Fro un d'Regierung:

- Wëll d'Regierung weider d'Recht vun de Bedreiwer vun Terrasse respektéieren, fir selwer ze decidéieren, wéini a wéi si hiert Material fir d'Hëtze vun hiren Terrasse benotzen?

**Réponse** (02.05.2022) de **M. Lex Delles**, *Ministre des Classes moyennes* :

D'Regierung plangt net, d'Benotze vu Material fir d'Hëtze vun Terrassen ze verbidden.

**Question 6054** (11.04.2022) de **Mme Octavie Modert** (CSV) concernant le **rappel de produits au chocolat suite à la détection d'un foyer de cas de salmonellose** :

Nodeems a verschiddene Schockelasprodukter vun der Mark Kinder, enger Duechtergesellschaft vum Schockelas- a Séissegkeeteproduzent Ferrero mat Sëtz zu Lëtzebuerg, Salmonelle fonnt gi sinn, huet d'Agence fédérale pour la sécurité de la chaîne alimentaire (AFSCA) an der Belsch, fir d'éischt verschidden an dono all, d'Produkter vun der Mark Kinder zeréckgeruff, déi an der Kinder-Fabrick zu Arel produzéiert gi sinn. Hei zu Lëtzebuerg rífft d'Liewesmëttelagence och verschide Produkter vun der Mark Kinder zeréck. Doriwwer eraus ass an der belscher Presse ze liesen, dass schonn de 15. Dezember 2021 Fäll vu Salmonellen an der Fabrick zu Arel fonnt gi sinn, respektiv dem Produzent bekannt waren.

An dësem Zesummenhang géif ech gär folgend Froen un d'Madamm Ministesch fir Konsumentenschutz stellen:

1. Wéi vill Fäll vu Salmonelle sinn an dësem Fall der Regierung hei zu Lëtzebuerg bekannt?

2. Wéi e Volumen u Produkter sinn hei zu Lëtzebuerg vum Réckruff concernéiert a bis elo ze réckgeruff ginn?

3. Wëssend, dass dem Produzent Fäll vu Salmonellen an den eegene Produktiounssitte schonn de 15. Dezember bekannt waren, wéi eng Konsequenzen huet d'Regierung zu deem Zäitpunkt aus dëser Alerte gezunn?

4. Wéi eng Léiere sinn der Regierung no aus dësem Virfall ze zéien?

5. Wëssend, dass op der Internetsäit securite-alimentaire.lu dëse Réckruff eréischt géint 18.00 Auer online gaangen ass, firwat ass an engem kriteschem Fall ewéi deem heiten, an dat kuerz virun Ouschteren, de Réckruff net éischter ugekënnegt respektiv gestart ginn?

6. Well ëm d'Zäit vun Ouschteren oft Schockelas-an Iwwerraschungseeër vun der beträffener Mark och u kleng Kanner verschenkt ginn, ass et ëmsou méi wichteg, ganz séier virzegoen. Wéi gedenkt d'Regierung virzegoen fir d'Léit adequat a séier ze

informéieren an d'Produkter aus de Regaler an de Geschäfte ze huelen?

**Réponse** (02.05.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Protection des consommateurs, Ministre de la Santé* :

ad 1. Ufank Abrëll war bei der Santé ee confirméierte Fall vun Salmonellose am Zesummenhang mat dëser Epidemie bekannt an deem ass och bei der europäescher Agence ECDC deklaréiert ginn (<https://www.ecdc.europa.eu/en/news-events/rapid-outbreak-assessment-multi-country-salmonella-outbreak-linked-chocolate-products>).

Am Kader vun der Gestiouen vun der Epidemie goufen eng Rei méiglech Fäll vun den Autoritéiten ermëttelt a si du weider ënnersicht ginn. Dobäi ass en zweete Fall ermëttelt ginn, deem och der Epidemie zouzerechnen ass.

ad 2. Doriwwer léien den Autoritéite keng genau Zuele vir. Et kann ee just soen, datt all d'Produite vun der Mark Kinder, déi zu Arel fir Ferrero produzéiert goufen, zeréckgezu sinn. Bis elo si folgend Produiten zu Lëtzebuerg betraff, onofhängeg vun der Lousnummer oder vum Mindesthaltbarkeetsdatum: Kinder Mini Eggs, noisette, cacao, lait (100 g); Kinder Mix Mini Eggs (250 g); Kinder Schoko-Bons (125 g; 150 g; 200 g; 225 g; 300 g; 330 g; 350 g; 480 g; 500 g); Kinder Schoko-Bons White (200 g; 300 g); Kinder Surprise (20 g: x1; x3; x4; x6); Kinder Surprise Maxi (100 g); Kinder Happy Moments (162 g; 191 g; 242 g; 347 g; 400 g); Kinder Mix (Voiture 125 g; Bunte Mischung 132 g; Peluche 133 g; Panier 86 g, 150 g; Sac 193 g; Seau 198 g); Kinder Calendriers d'avent (127 g; 133 g; 184 g; 234 g; 311 g; 431 g).

ad 3. Dës Informatioun ass vu Ferrero Arlon de belschen Autoritéiten (AFSCA) eréischt am Kader vu Kontrollen, déi d'AFSCA Ufank Abrëll 2022 bei Ferrero Arlon duerchgefouert huet, matgedeelt ginn.

Déi Lëtzebuerger Autoritéite goufen dunn owes de 5. Abrëll 2022 doriwwer iwwert d'Schnellwarnsystem (RASFF) vun der EU-Kommissioun informéiert.

ad 4. An dësem Fall kann ee soen, datt déi verschidden implizéiert Verwaltungen, d'Direktioun vun der Santé mat der Divisioun fir Liewesmëttelkontroll an der Divisioun fir Gesondheetskontroll souwéi de Laboratoire national de santé ënnert der Koordination vum Commissariat fir Liewesmëttelsécherheet gutt funktionéiert hunn.

Direkt nodeems d'Salmonellenepidemie bekannt gouf, huet de Commissariat alimentaire owes de 4. Abrëll 2022 eng Taskforce ageriicht mat Beamten aus de verschiddenen Unitéiten, déi sech kontinuëll echangéiert hunn, fir dës Epidemie zu Lëtzebuerg ze geréieren.

ad 5. Et handelt sech hei ëm e Réckruff, dee vun de belschen Autoritéiten initiéiert gouf. Esou Réckriff ginn dann de betreffenen EU-Staaten iwwert de Schnellwarnsystem vun der EU-Kommissioun matgedeelt.

Déi Lëtzebuerger Autoritéiten hunn awer schonn de 5. Abrëll op Basis vun Informatiounen, déi si vun de belschen Autoritéite kritt hunn, um Portal [www.securite-alimentaire.lu](http://www.securite-alimentaire.lu) iwwert de Virfall informéiert.

Méi spéit, de 5. Abrëll, huet dunn dat éischt Geschäft, de Monoprix, eng Notifikatioun fir e Réckruff bei den Autoritéite gemellt. Doropshi gouf dëse Réckruff och um Site publizéiert: <https://securite-alimentaire.public.lu/fr/actualites/alertes/2022/04/produits-chocolat-kinder-salmonella.html>.

Offiziell huet Lëtzebuerg dëse Réckruff de 6. Abrëll géint 16.00 Auer vu Ferrero selwer matgedeelt kritt. Du gouf de generelle Réckruff um Site verëffentlecht: <https://securite-alimentaire.public.lu/fr/actualites/alertes/2022/04/Salmonellose-produits-au-chocolat-kinder-ferrero.html>.

Dës Säit gouf da no an no mat neien Informatiounen aktualiséiert.

Déi meeschten EU-Länner hunn eréischt de 6. Abrëll am Kader vun den Alerten iwwert de Schnellwarnsystem informéiert.

Dëst ass nozeliesen am ROA vun ECDC an EFSA.

[https://www.efsa.europa.eu/sites/default/files/2022-04/ROA\\_monophasic%20S%20Typhimurium%20ST34%20linked%20to%20chocolate\\_2022-00014\\_UK%20FINAL.pdf](https://www.efsa.europa.eu/sites/default/files/2022-04/ROA_monophasic%20S%20Typhimurium%20ST34%20linked%20to%20chocolate_2022-00014_UK%20FINAL.pdf)

ad 6. An dësem Fall ass d'Bevëlkerung schnell an adequat iwwert déi verschide bestoend Kanäl informéiert ginn. Ze nenne sinn hei den Portal [www.securite-alimentaire.lu](http://www.securite-alimentaire.lu) an d'Newsletter vun den Autoritéiten, déi all Dag iwwert Réckriff informéiert.

Dës Newsletter kann een hei abonnéieren:

<https://securite-alimentaire.public.lu/fr/support/alerte.html>

Ausserdeem gouf iwwert déi sozial Medien kommunizéiert an et goufen dräi Communiqués de presse gemaach, fir d'Éffentlechkeet ze informéieren.

Et ass nach ze soen, datt d'Autoritéiten och vun de Betriber mussen informéiert ginn, wann zu Lëtzebuerg lesswueren aus de Regaler geholl ginn. Dës Notifikatioun gëtt iwwert de Guichet.lu gemaach:

<https://guichet.public.lu/fr/entreprises/commerce/securite-alimentaire/securite-alimentaire/notification.html> an erlaabt et den Autoritéiten, esou Réckriff ze iwwerwaachen.

**Question 6059** (12.04.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant la **livraison d'armes à l'Ukraine** :

Am Artikel „Lëtzebuerg schéckt Waffen, Gefierer an Zelter an d'Ukrain“, deem den 28. Februar um Site vun RTL publizéiert gouf, war ze liesen, datt Lëtzebuerg der Ukrain am Krich mat Russland och déidlech Waffe liwwert.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi opschlésselt, wéi eng déidlech Waffen an aner militäresch Gidder an Zerwisser der Ukrain nom Stand vum 12. Abrëll 2022 zur Verfügung gestallt goufen a wéi eng weider Moossnamen an deem Sënn schonn decidéiert sinn?

2. Kann d'Regierung matdeelen, wéi eng militäresch Gidder an Zerwisser, déi mir un d'Ukrain geliwwert hunn, aus nationale Reserve stamen a wéi eng mir um internationale Maart hu missen akafen? Kann d'Regierung preziséieren, a wéi enge Länner déi eenzel Waffen a militäresch Gidder akaf goufen an a wéi engem Zäitraum si virgesäit, eis national Reserven nees opzestocken?

3. Kann d'Regierung matdeelen, mat wéi enge staatlechen an netstaatlechen, nationalen an internationale logistesche Fournisseure Lëtzebuerg bei der Ausliwwerung vun dëse Waffen a soss militäresche Gidder zesummegeschaft huet?

4. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi de jeeweilege Käschtpunkt vun all deene Moossnamen opschlésselt a preziséieren, ënner wéi engem Budgetartikel d'Sue jeeweils gefloss sinn?

**Réponse commune** (22.04.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*, de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*, et de **Mme Yuriko Backes**, *Ministre des Finances* :

De Verdeedegungsminister wäert déi gefroten detailléiert Informatiounen, déi net geduecht sinn, fir verëffentlecht ze ginn, an noer Zukunft an enger gemeinsamer Reunioun „à huis clos“ vun de Chamberskommissioun fir bannenzeg Sécherheet a Verdeedegung a fir Aussepolitik, europäesch Ugeleeënheeten, Kooperatioun, Immigratioun an Asyl presentéieren.

**Question 6067** (15.04.2022) de **M. Fred Keup** (ADR) concernant la **participation aux élections législatives des Luxembourgeois vivant à l'étranger** :

Beim éischten Tour vun de franséische Presidentschaftswale ginn all d'Fransousen op der Welt opgeruff, hiren neie Staatschef ze wielen. Zu Lëtzebuerg wunne ronn 48.500 Fransousen, vun deenen der 13.368 hir Stëmm fir d'Wiel vum Chef vun hirem Land an de Foreshalen ofginn hunn.

Bei de leschte Chamberwalen 2018 waren och all d'Lëtzebuerger op der ganzer Welt opgeruff, hiert Parlament ze wielen. Vun deene ronn 100.000 Auslandslëtzebuerger haten der awer nëmmen 1.529 ee Walziedel ugefrot. Dat geet aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N° 3658 vum 7. Februar 2021 ervir. Wéi vill der tatsächlech wile waren, ass net bekannt.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Häre Staatsminister a Bausseminister:

- Wéi erkläert sech d'Regierung, dass d'Walbedeelegung vun den Auslandslëtzebuerger fir d'Chamberwalen esou extreem niddreg ass, dëst och am Verglach mat der daitlech besserer Situatioun bei de franséische Presidentschaftswalen?

- Allgemeng gëtt esou eng niddreg Walbedeelegung vun ënner 5 % als Echec ugesinn. Gesäit d'Regierung dat och esou?

- Bei de Chamberwalen 2018 ware vun den deemolege ronn 320.000 Lëtzebuerger Awunner 259.887 walberechtegt, a vun deenen hunn der 233.014 (89,7 %) och tatsächlech gewielt. Vun deene ronn 100.000 Auslandslëtzebuerger hunn der 1.529 ee Walziedel gefrot, soudass ee kann dervun ausgoen, dass, wann een déi zirka 20 % Mannerjäreg ofrechent, zirka 2 % vun de walberechtegten Auslandslëtzebuerger vun hirem Walrecht Gebrauch gemaach hunn. Am Ganze läit d'Walbedeelegung bei de Chamberwalen deemno bei zirka 69 % an d'Abstention bei 31 %. Kann d'Regierung dës Schätzung confirméiere respektiv korrigéieren?

**Réponse commune** (27.04.2022) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre*, *Ministre d'État*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

D'Regierung wéisst drop hin, dass eng franséisch Presidentschaftswal net vergläichbar ass mat na-

tionale Chamberwalen. Et handelt sech ëm e ganz aneren „Typ“ vu Wal. Des Weidere stäipt den honorebelen Deputéierte säi Verglach mat Frankräich och net op déi insgesamt Bedeelegung bei de Presidentschaftswale vun de Fransousen, déi ausserhalb vu Frankräich wunnen, mee hëlt ausschliesslech d'Walbedeelegung vun de Fransousen zu Lëtzebuerg als Vergläichsparaméter.

Fir d'Regierung ass a bleift d'Ausübung vum Walrecht ee vun de fundamentaalsten an domat wichtigsten Akte vun der Bedeelegung un der Demokratie, an zu Lëtzebuerg gëllt dofir an deem Zesummenhang och d'Walflicht. Fir d'Lëtzebuerger a Lëtzebuergerinnen, déi am Ausland liewen, ass d'Walrecht awer fakultativ a kann eenzeg an eleng iwwert d'Brëifwal ausgeübt ginn.

Un dëse Prinzippien hält och déi aktuell Reform vun eiser Verfassung fest.

**Question 6085** (21.04.2022) de **M. Max Hengel** (CSV) concernant l'**hépatite chez des enfants** :

De 6. Abrëll huet d'UK Health Security Agency driwwer informéiert, datt a Groussbritannien zanter Januar 2022 bei 74 klenge Kanner ënner zéng Joer eng Hepatitt diagnostizéiert gouf, wou d'Ursaach onbekannt ass. Klinschen Analysen no handelt et sech dobäi ëm keng vun de bekannten Hepatittformen A, B, C, D oder E.

Den 19. Abrëll huet och de European Centre for Disease Prevention and Control op déi nei Form vun Hepatitt opmierksam gemaach an drop higewisen, datt an Dänemark, Irland, Holland a Spuenien ebenfalls Fäll bei Kanner festgestallt goufen. D'Weltgesundheitsorganisatioun WHO rechent dermat, dat d'Zuel vun den Infektiounen bei Kanner nach wäert klammen.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Gesondheetsministesch stellen:

- Sinn hei zu Lëtzebuerg scho Fäll bekannt, wou Kanner ënnert dëser mysteriéiser Form vun Hepatitt leiden?

- Wann dat de Fall ass, wéi vill Kanner si betraff?

- Wéi gesäit d'Prise en charge vun de Kanner aus?

- Gëtt et een Zesummenhang mat enger Covidinfektioun?

**Réponse** (22.04.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

Et gi reegelméisseg eng ganz kleng Zuel vu Fäll vun akuter Hepatitt, ouni dass eng kloer Ursaach festgestallt ka ginn. Esou Hepatitte kënnen zum Beispill duerch verschide Virusinfektiounen ausgeléist ginn (och Viren, déi net typesch als Hepatitisviren gëllen) oder duerch eng Rei toxesch Substanzen, mat deenen d'Persoun a Kontakt komm ass. Wat aktuell beonrouegt, ass, dass d'Zuel vun esou Hepatitten a Groussbritannien bei Kanner ënner zéng Joer zanter Januar 2022 verhältnisméisseg méi héich läit wéi a fréiere Joren.

Och wann änlech Fäll an aneren EU-Länner bekannt goufen, ass et awer do nach net kloer, ob hir Frequenz an deene Länner signifikativ méi héich ass wéi virdrun.

Et gesäit aktuell esou aus, wéi wann op d'mannst eng Rei vun dëse Fäll duerch eng Infektioun mat engem Adenovirus vum Sérotype 41 ausgeléist goufen. Ob awer all Fäll sech duerch dëse Virus erklären, ass nach net gewosst.

Adenoviren si ganz heefeg a kënnen typescherweis banal Infektiounen zum Beispill vun den Otemweeër bei de Kanner ausléisen.

Aktuell ass kee Fall vun esou enger akuter Hepatitt bei Kanner zu Lëtzebuerg bekannt.

Den Direkter vun der Santé huet duerch eng Lettre circulaire un d'Dokteren op de Problem higewisen an d'Doktere gefrot, all Verdachtsfall direkt bei der Inspection sanitaire ze mellen.

D'Behandlung vun der akuter Hepatitt ass symptomatesch an ënnerstëtzend; a ganz schlëmm Fäll, wou d'Liwerfunktoun komplett aussetzt, muss een op eng Liwertransplantatioun zeréckgräifen.


Et gëtt am Moment kee Beweis, dass dës Hepatitt mat dem Covid-19, oder der Impfung géint de Covid-19, zesummenhängt.

## Le saviez-vous ?

### QUORUM

Le quorum est le nombre minimum de membres qui doivent être présents pour que la Chambre des Députés puisse voter valablement. Partant la Chambre ne peut prendre de décision que pour autant que la majorité de ses membres se trouve réunie.





N°08  
2021-2022

# CHAMBRE DES DÉPUTÉS GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

chd.lu   

## Compte rendu officiel n° 08 | Session ordinaire 2021-2022

Budget 2022 et programmation financière pluriannuelle  
- Prise de position du Gouvernement p. 328  
- Votes p. 331  
Lois Covid-19 p. 346 et 362

Sommaire des séances publiques n°s 24 à 26 p. 372  
Sommaire des questions parlementaires p. Q106

24<sup>e</sup> séance  
25<sup>e</sup> séance  
26<sup>e</sup> séance

Jeudi 16 décembre 2021  
Jeudi 16 décembre 2021  
Vendredi 24 décembre 2021

## De Chamberpresident kondoléiert



„The Chamber of Deputies of the Grand Duchy of Luxembourg takes part in the grief of the whole British people“, esou huet et de Chamberpresident Fernand Etgen an d'Kondolenzbuch fir den Doud vun der Queen Elizabeth II, op der brittescher Ambassade, agedroen. E weidere Message, a Presenz vun der Ambassadrice vu Groussbritannien, war, dass d'Queen Elizabeth II als „Grande Dame“ vun enger ganzer Natioun a vun der Welt an Erënnerung wäert bleiwen. Aus Respekt virun der Verstuerwener houngen d'Fändele vun der Chamber op Halbmast.

L'Administration parlementaire recrute :  
**un DÉVELOPPEUR Full stack expérimenté (m/f)**  
**pour le service des technologies de l'information**  
(réf. CHD90S - CDI tâche complète)

Votre profil :

Vous avez une formation de niveau Master en informatique et disposez obligatoirement de 5 années d'expérience au moins en développement Java ainsi que d'une expérience concrète et probante en développement Angular et/ou PHP.

La date limite de remise des candidatures est fixée au  
**vendredi 7 octobre 2022** au plus tard.

En cas d'intérêt, prière de scanner le code QR ci-contre :



## D'Chambersblietche geschwënn am neie Look!

Am Oktober kritt d'Chambersblietchen en neie Look an Dir kritt et dann exklusiv op Ufro. Abonéiert Iech vun elo un, wann Dir et weider gratis wëllt heemgeschéckt kréien:

- Entweeder **per E-Mail** un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress, Code postal an Uertschaft ugitt,
- oder schéckt gratis d'Carte-réponse **per Post** zréck, déi dësem Chambersblietche bäiläit.

Op [www.chd.lu](http://www.chd.lu) oder iwwer [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu) kënnt Dir Iech och op déi **elektronesch Versioun** abonéieren.

### D'Chambersblietche geschwënn am neie Look!

Abonéiert Iech

Am Oktober kritt d'Chambersblietchen en neie Look an Dir kritt et dann exklusiv op Ufro. Abonéiert Iech vun elo un, wann Dir et weider gratis wëllt heemgeschéckt kréien:

Entweeder **per E-Mail** un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress, Code postal an Uertschaft ugitt,

oder schéckt gratis dës Carte-réponse **per Post** zréck.

#### Coupon fir e Gratis-Abo op d'Chambersblietchen:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_  
Société/Administratioun: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_  
Adress: \_\_\_\_\_  
Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_  
Land: \_\_\_\_\_

D'Chambersblietche wëllt Iech vun elo un als eegentleng Zeitschrëft ginn. D'Chamber notzt dofir d'Service vun enger externer Firma. An Dänskeit ginn Iech d'Chambersblietche gratis geschéckt. Wann Dir et weider gratis wëllt heemgeschéckt kréien, mussen Dir d'Chambersblietche op d'Carte-réponse per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu) maachen oder d'Carte-réponse per Post zréck. Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via dës unree getanne Mailadress kontaktéieren.

## Neutralité de l'Autriche dans le contexte de la guerre en Ukraine



Les députés luxembourgeois entourés de leurs homologues autrichiens

Les défis qui se présentent actuellement sont très importants et nécessitent des réponses rapides. C'était le constat dressé lors d'une entrevue entre une délégation du Conseil fédéral d'Autriche et les députés membres de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile à la Chambre des Députés le 12 septembre 2022.

Les sujets ayant dominé l'échange concernaient notamment la guerre en Ukraine, le positionnement face à la Russie et les solutions diplomatiques pour atteindre la paix. Dans ce contexte, les députés ont discuté de la neutralité de l'Autriche qui n'est pas membre de l'Organisation du traité de l'Atlantique nord (OTAN). La Suède et la Finlande, qui ont jusqu'alors partagé cette idée de neutralité, s'apprêtent à rejoindre l'OTAN depuis le début de la guerre en Ukraine. La question de la neutralité a resurgi avec le conflit, ont expliqué les députés autrichiens, qui ont exprimé des positions divergentes quant à une éventuelle adhésion de leur pays à l'OTAN.

Les députés ont également discuté de l'accueil de réfugiés ukrainiens en Autriche, des perspectives des enfants ainsi que de la gestion de la crise énergétique dans les deux pays.





# Assermentation d'un fonctionnaire



C'est en jurant « fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'État » et en promettant de remplir ses fonctions avec intégrité, exactitude et impartialité qu'un nouveau fonctionnaire de l'Administration parlementaire a été assermenté le 9 septembre 2022 par le Secrétaire général de la Chambre des Députés, M. Laurent Scheeck.

L'assermentation de M. Fabien Collarini, nommé aux fonctions d'huissier, a eu lieu en présence des membres de la direction de l'Administration parlementaire ainsi que de la responsable du Service des ressources humaines.

*de gauche à droite : Mme Manon Hoffmann, responsable du service des ressources humaines, M. Laurent Scheeck, Secrétaire général, M. Fabien Collarini, Mme Isabelle Barra, Secrétaire générale adjointe, et M. Benoît Reiter, Secrétaire général adjoint*



## Lutte contre le blanchiment de capitaux au moyen du droit pénal

7533A - Projet de loi portant modification :

- 1° du Code pénal ;
- 2° du Code de procédure pénale ;
- 3° de la loi modifiée du 17 mars 1992 portant

- 1. approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988 ;
  - 2. modifiant et complétant la loi du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie ;
  - 3. modifiant et complétant certaines dispositions du Code d'instruction criminelle ;
- aux fins de transposition de la directive (UE) 2018/1673 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2018 visant à lutter contre le blanchiment de capitaux au moyen du droit pénal

Le projet de loi n° 7533A a pour objet d'adapter le cadre législatif luxembourgeois afin d'assurer la transposition des dispositions de la directive (UE) 2018/1673 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2018 visant à lutter contre le blanchiment de capitaux au moyen du droit pénal (la directive UE 2018/1673).

Au cours de la procédure législative, un amendement parlementaire a été adopté le 22 octobre 2020 en vue de modifier l'article 506-4 du Code pénal pour introduire un régime qui établit une distinction dans la poursuite des infractions selon la nature des activités de blanchiment énumérées à l'article 506-1 du Code pénal. L'opposition formelle de la part du Conseil d'État, l'impossibilité de trouver un accord sur le texte de l'article 506-4 et la date butoir de transposition des dispositions de la directive ayant été le 3 décembre 2020, ont conduit à la scission du projet de loi.

Ainsi, le projet de loi n° 7533A reprend les dispositions de la directive 2018/1673 ayant été entérinées par le Conseil d'État tandis que le projet de loi n° 7533B ne vise que le texte des articles 506-1 et 506-4 du Code pénal ainsi que les dispositions concernées de la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie.

D'une manière générale, la législation luxembourgeoise est dans une large mesure déjà conforme aux dispositions de la directive (UE) 2018/1673. Le projet de loi n° 7533A se limite donc à adapter certains articles du Code pénal ainsi que du Code de procédure pénale afin de satisfaire aux exigences de la directive.

Il en est ainsi de l'article 31 du Code pénal qui règle la confiscation spéciale et de l'article 506-5 du Code pénal qui est complété par une disposition relative à une circonstance aggravante, à savoir la participation ou la complicité d'un « professionnel » au sens de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative au blanchiment et contre le financement du terrorisme, à un acte de blanchiment. À l'article 506-8 du Code pénal, la jurisprudence selon laquelle tous les éléments de preuve ne doivent pas être livrés dans tous les détails par rapport à l'infraction primaire afin de prononcer une condamnation pour blanchiment est entérinée.

Dans le Code de procédure pénale, l'article 5-1 est complété par un alinéa afin de permettre la poursuite au Grand-Duché de Luxembourg de l'auteur d'un blanchiment lorsque l'infraction primaire a été commise à l'étranger où elle n'est pas punissable par un étranger qui n'est pas résident ou qui n'a pas été interpellé au Grand-Duché de Luxembourg.

Travaux de la Commission de la Justice  
(Président : M. Charles Margue) :

30.09.2020 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi 7533  
Examen de l'avis du Conseil d'État

22.10.2020 Adoption d'une série d'amendements parlementaires  
17.03.2021 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
Adoption d'une série d'amendements parlementaires

02.06.2021 Examen du 2° avis complémentaire du Conseil d'État  
25.06.2021 Adoption d'une série d'amendements parlementaires  
20.10.2021 Examen du 3° avis complémentaire du Conseil d'État  
Scission du projet de loi par amendements parlementaires

01.12.2021 Examen du 4° avis complémentaire du Conseil d'État  
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 16.12.2021  
Loi du 17 décembre 2021  
Mémorial A : 2021, n° 900, page 1

## Benelux : Coopération et intervention policière transfrontalière

7819 - Projet de loi portant :

- 1° approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas en matière de coopération policière, signé à Bruxelles, le 23 juillet 2018 ;
- 2° modification de la loi modifiée du 21 décembre 2004 portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004

Le projet de loi a pour objet d'approuver en droit luxembourgeois le Traité signé le 23 juillet 2018 entre les États du Benelux en matière de coopération policière, ainsi que ses annexes, et de remplacer le Traité signé le 8 juin 2004 par ces États en matière d'intervention policière transfrontalière.

Le nouveau Traité vise à renforcer la coopération entre les parties contractantes dans la prévention et la détection des infractions pénales et en matière d'enquêtes, ainsi que dans le maintien de l'ordre public et de la sécurité publique. De nouvelles dispositions sont prévues en ce qui concerne les modalités de la poursuite transfrontalière, l'exécution d'actes de recherche transfrontalière, les demandes de mise en sécurité des traces et des preuves en situation d'urgence, le transport et l'accompagnement transfrontaliers de personnes et de biens et l'intervention à bord de trains et bateaux internationaux. Un titre 6 nouveau règle l'intervention transfrontalière des unités spéciales.

Le nouveau texte contient en outre des dispositions de coopération plus étendues, mais qui laissent le choix aux parties contractantes quant à leur participation, comme la nouvelle possibilité d'interrogation de concordance de banques de données policières, de même que d'autres formes d'échange d'informations, comme la transmission de données de référence en matière de comparaison automatisée des données d'immatriculation.

Afin de mettre effectivement en œuvre certaines de ces dispositions et afin de régler les modalités de coopération en détail, le Traité prévoit à plusieurs endroits la possibilité, voire la nécessité de conclure des accords ou arrangements d'exécution au sens de l'article 62, paragraphe 2, du Traité. Ces accords et arrangements d'exécution portent sur un objet déterminé et ne règlent en principe que des détails techniques, opérationnels et administratifs sans aller au-delà de la mise en œuvre administrative et technique des droits et obligations prévus par le Traité. Ainsi, ils ne doivent pas faire l'objet d'une approbation législative au Luxembourg.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 03.05.2021  
Rapporteuse : Mme Stéphanie Empain

Travaux de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense  
(Présidente : Mme Stéphanie Empain) :

03.12.2021 Présentation du projet de loi  
Désignation d'un rapporteur  
Examen de l'avis du Conseil d'État

10.12.2021 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 16.12.2021  
Loi du 17 décembre 2021  
Mémorial A : 2021, n° 930, page 1

## Compte général de l'exercice 2020

7848 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2020

Le projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2020 a pour objectif de recenser l'ensemble des opérations effectuées au courant de l'année budgétaire 2020. L'exécution du budget pour l'année 2020 s'est déroulée dans un contexte de crise, suite à l'émergence de la pandémie Covid-19.

Lors de l'état de crise, déclenché en date du 18 mars 2020, des mesures ont été mises en place par le Gouvernement visant, d'une part, à limiter la propagation de la pandémie et ses effets sur le plan sanitaire et, d'autre part, à favoriser la relance économique par le biais de mesures ciblées. La crise a, par conséquent, eu un impact substantiellement négatif sur l'activité économique du Luxembourg et a fortiori sur les finances publiques.

Au vu de la dégradation des recettes et de la hausse importante des dépenses publiques, le compte général pour l'année 2020 fait état d'écarts importants par rapport au budget voté par la Chambre des Députés. En effet, le compte général de l'exercice 2020 affiche un excédent de dépenses de 1,98 milliards d'euros, alors que le budget définitif a tablé sur un excédent de dépenses de 678,41 millions d'euros (différence de -1,30 milliard d'euros).

Le compte général de l'exercice 2020, hors opérations financières, affiche un excédent de dépenses de 3,79 milliards d'euros, alors que le budget définitif prévoyait un déficit de 1,08 milliard d'euros (différence de -2,71 milliards d'euros).

Dépôt par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 29.06.2021  
Rapporteuse : Mme Diane Adehm

Travaux de la Commission des Finances et du Budget  
(Président : M. André Bauler) :

01.10.2021 Présentation du projet de loi  
Examen de l'avis du Conseil d'État

Travaux de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire  
(Présidente : Mme Diane Adehm) :

01.10.2021 Présentation du projet de loi  
Examen de l'avis du Conseil d'État

25.10.2021 Présentation du rapport général de la Cour des comptes

06.12.2021 Désignation d'un rapporteur  
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 16.12.2021  
Loi du 17 décembre 2021  
Mémorial A : 2021, n° 905, page 1



## Services publics d’autobus

### 7851 - Projet de loi relative au financement de l'exploitation des services publics d'autobus

Le projet de loi se compose de trois articles et a comme objet d’aoriser le financement de l’exploitation des services réguliers de transports publics par route pour un montant ne pouvant dépasser le montant de 1.262.145.059 d’euros hors TVA jusqu’au 15 juillet 2032. Ce montant correspond à la valeur de l’échelle mobile des salaires de 834,76 points et sera adapté semestriellement en fonction de la variation de l’indice des prix à la consommation.

Le texte, déposé le 1<sup>er</sup> juillet 2021, tablait encore sur une entrée en vigueur des nouveaux contrats d’exploitation au 1<sup>er</sup> janvier 2021 et sur la date butoir du 31 décembre 2029. Or, ces deux dates ont dû être reportées. D’un côté, la nécessité d’une loi spéciale n’avait été soulevée qu’au printemps 2021 et la procédure législative n’a donc été lancée que très tardivement et, de l’autre côté, les décisions d’attribution de plusieurs lots de ce marché ont fait l’objet d’une ordonnance de sursis à exécution et d’une procédure judiciaire au fond devant le Tribunal administratif est toujours en cours.

Au vu de la situation, il a été convenu avec toutes les entreprises de prolonger les contrats actuels jusqu’au 15 juillet 2022 inclus, date qui a par ailleurs l’avantage de couvrir encore l’exploitation des courses scolaires de l’année scolaire en cours, sous la régie du contrat actuel.

Sur les 32 lots attribués, la signature et l’entrée en vigueur opérationnelle sont donc désormais prévues au 16 juillet 2022 pour 22 lots non visés par la procédure judiciaire susmentionnée et la signature des 10 contrats restants est reportée à la fin des procédures judiciaires pendantes, en espérant que celle-ci interviendra avant le 15 juillet 2024. La durée des contrats variant entre 5 et 8 ans, la nouvelle date butoir a par conséquent été fixée au 15 juillet 2032.

|                                                                                                                               |                                                                                                    |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|----------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 01.07.2021<br>Rapporteuse : Mme Chantal Gary |                                                                                                    |
| Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics (Président : M. Carlo Back) :                                  |                                                                                                    |
| 21.10.2021                                                                                                                    | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi et examen de l'avis du Conseil d'État |
| 09.12.2021                                                                                                                    | Présentation et adoption d'un projet de rapport                                                    |
| Vote en séance publique : 16.12.2021<br>Loi du 17 décembre 2021<br>Mémorial A : 2021, n° 893, page 1                          |                                                                                                    |

## Covid-19 : Exonérations temporaires en matière de TVA

### 7888 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée aux fins de transposer la directive (UE) 2021/1159 du Conseil du 13 juillet 2021 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne les exonérations temporaires relatives aux importations et à certaines livraisons ou prestations, en réaction à la pandémie de Covid-19

Le projet de loi a pour objet de transposer en droit luxembourgeois la directive (UE) 2021/1159 du Conseil du 13 juillet 2021 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne les exonérations temporaires relatives aux importations et à certaines livraisons ou prestations, en réaction à la pandémie de Covid-19, afin de compléter le champ d’application des exonérations en matière de taxe sur la valeur ajoutée sur les acquisitions et importations de biens et services nécessaires à la lutte contre la pandémie de Covid-19. La directive (UE) 2021/1159 étend le champ d’application des exonérations relatifs à la TVA à l’acquisition et l’importation par la Commission européenne de tous les biens et services destinés à être gratuitement mis à disposition des États membres pour lutter contre la Covid-19.

|                                                                                                      |                                                                                       |
|------------------------------------------------------------------------------------------------------|---------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 17.09.2021<br>Rapporteur : M. André Bauler   |                                                                                       |
| Travaux de la Commission des Finances et du Budget (Président : M. André Bauler) :                   |                                                                                       |
| 04.10.2021                                                                                           | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi                          |
| 10.12.2021                                                                                           | Examen de l'avis du Conseil d'État<br>Présentation et adoption d'un projet de rapport |
| Vote en séance publique : 16.12.2021<br>Loi du 17 décembre 2021<br>Mémorial A : 2021, n° 904, page 1 |                                                                                       |

## Prolongation du délai des déclarations de naissance

### 7908 - Projet de loi portant modification de l’article 55 du Code civil en vue de la prolongation du délai des déclarations de naissance

Le projet de loi n° 7908 propose d’augmenter le délai endéans lequel la déclaration d’une naissance doit être effectuée à l’officier de l’état civil, de cinq jours actuellement à dix jours.

Dès le début de la pandémie de la Covid-19 en mars 2020, le délai de déclaration de naissance a d’abord été suspendu pour être finalement porté à un mois, principalement pour désengorger et diminuer le nombre de contacts dans les bureaux de l’état civil des administrations communales disposant sur leur territoire d’une maternité et enregistrant de ce fait la majorité des naissances au Grand-Duché de Luxembourg. Les expériences sur le terrain ayant été positives, il a été décidé de proposer une augmentation permanente du délai de déclaration de naissance, même en dehors d’un contexte de crise sanitaire.

La dernière statistique publiée au niveau national indique que la durée d’hospitalisation moyenne pour un accouchement normal s’élève à quatre jours. L’augmentation du délai de cinq jours pour les déclarations de naissance facilite la situation pour les personnes accouchant

seules et leur permet d’effectuer cette démarche elles-mêmes sans devoir demander à une autre personne présente à l’accouchement d’effectuer la déclaration à leur place.

L’augmentation du délai à 10 jours devrait aussi mener à une accalmie dans les services d’état civil des administrations communales ayant une maternité sur leur territoire, alors que ceux-ci constatent une grande affluence les lundis, du fait qu’il s’agit actuellement du dernier jour possible pour déclarer les naissances des lundi, mardi et mercredi précédents.

|                                                                                                      |                                                                                                              |
|------------------------------------------------------------------------------------------------------|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 08.11.2021<br>Rapporteur : M. Charles Margue    |                                                                                                              |
| Travaux de la Commission de la Justice (Président : M. Charles Margue) :                             |                                                                                                              |
| 01.12.2021                                                                                           | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation et examen du projet de loi<br>Examen de l'avis du Conseil d'État |
| 08.12.2021                                                                                           | Présentation et adoption d'un projet de rapport                                                              |
| Vote en séance publique : 16.12.2021<br>Loi du 17 décembre 2021<br>Mémorial A : 2021, n° 917, page 1 |                                                                                                              |

## Tenue de réunions dans les sociétés et autres personnes morales

### 7916 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 septembre 2020 portant des mesures concernant la tenue de réunions dans les sociétés et dans les autres personnes morales

Au vu de l’évolution incertaine de la situation pandémique, il est proposé de prolonger les mesures de la loi modifiée du 23 septembre 2020 portant des mesures concernant la tenue de réunions dans les sociétés et dans les autres personnes morales (ci-après la « loi du 23 septembre 2020 ») jusqu’au 31 décembre 2022.

En effet, si les mesures sanitaires prises dans le cadre de la pandémie de la Covid-19 tendent à garder la situation actuelle sous contrôle, nul ne sait prédire avec certitude l’évolution de la situation sanitaire future. Aussi, il convient de garder à l’esprit que la tenue d’assemblées générales ou de conseils d’administration d’une société ou autre personne morale implique souvent des déplacements internationaux, donc potentiellement à partir de pays soumis à des mesures sanitaires plus restrictives en fonction de l’évolution de la pandémie dans les pays de résidence respectifs. Cet inconvénient est particulièrement accentué pour les sociétés luxembourgeoises souvent composées d’un actionnariat très international où les actionnaires résidant à l’étranger qui souhaitent participer aux assemblées générales, afin d’y exercer leurs droits, risquent de rencontrer des difficultés pour se déplacer.

Au-delà des difficultés liées aux déplacements, les flexibilités offertes par la loi du 23 septembre 2020 permettent d’éviter des difficultés liées à l’organisation d’une assemblée générale en présentiel, tel que par exemple l’exiguité des locaux, ou encore des situations fâcheuses où des quorums de présence prévus par la loi ou les statuts ne seraient pas atteints.

Finalement, et à toutes fins utiles, il est rappelé que le régime de la loi du 23 septembre 2020 n’est que facultatif, de sorte que les personnes morales tombant sous le champ d’application et préférant tenir leurs réunions en présentiel, pourront bien sûr toujours le faire dans le respect des mesures sanitaires en vigueur.

|                                                                                                      |                                                                                                              |
|------------------------------------------------------------------------------------------------------|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 24.11.2021<br>Rapporteur : M. Charles Margue    |                                                                                                              |
| Travaux de la Commission de la Justice (Président : M. Charles Margue) :                             |                                                                                                              |
| 08.12.2021                                                                                           | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation et examen du projet de loi<br>Examen de l'avis du Conseil d'État |
| 14.12.2021                                                                                           | Présentation et adoption d'un projet de rapport                                                              |
| Vote en séance publique : 16.12.2021<br>Loi du 17 décembre 2021<br>Mémorial A : 2021, n° 897, page 1 |                                                                                                              |

## Covid-19 : Prolongation de certaines mesures en matière pénale

### 7917 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière pénale

Dans le cadre de la lutte contre la pandémie du Covid-19, le projet de loi n° 7917 sous référence vise désormais de proroger les dispositions dérogatoires en matière de procédure pénale prévues par la loi du 20 juin 2020 au-delà du 31 décembre 2021, et cela jusqu’au 15 juillet 2022 qui mène à terme l’année judiciaire 2021-2022 actuellement en cours.

Aux termes de l’exposé des motifs et du commentaire des articles, l’évolution de la pandémie de Covid-19 est actuellement incertaine, de sorte qu’il est considéré comme étant plus prudent de proroger encore une fois la durée de validité de cette loi. En outre, selon les auteurs du projet de loi sous référence, la prorogation des dispositions visées est également indiquée par le fait qu’une consultation informelle des autorités judiciaires et des barreaux d’avocats de Luxembourg et de Diekirch a permis de constater un consensus en vue de la pérennisation de ces dispositions. Les auteurs notent de même que la prorogation de ces dispositions ne pose pas de problèmes en termes de garanties des droits du justiciable devant les juridictions pénales et que l’application des dispositions de la loi du 20 juin 2020 n’a jusqu’à présent pas donné lieu à des problèmes notables.

Le présent projet de loi prévoit l’adaptation temporaire des dispositions existantes concernant :

- la notification des ordonnances de perquisition et de saisie pour des documents, des données, des fonds et des biens par le juge d’instruction par procédure écrite ;
- l’audition de témoins par des moyens de télécommunication audiovisuelle ou par audioconférence ;
- l’assistance d’une personne qui est privée de liberté par un avocat par l’intermédiaire de moyens de communication électronique, y compris téléphonique, et toujours garantissant la confidentialité des échanges ;
- la procédure d’appel contre les ordonnances rendues par le juge d’instruction ou par la chambre du conseil du tribunal ;
- la procédure d’appel contre les jugements des tribunaux d’arrondissement autres que sur le fond ;
- des procédures écrites, remplaçant les procédures orales, devant les juridictions siégeant en matière pénale, à savoir les juridictions d’instruction et de jugement des tribunaux d’arrondissement et de la Cour d’appel, et cela tant pour l’instruction des affaires que pour les procédures d’appel, sur ce dernier point y compris en ce qui concerne le tribunal de police ;
- la saisine de la chambre de l’application des peines par une procédure écrite, notamment par courrier électronique.

|                                                                                                      |                                                                                                              |
|------------------------------------------------------------------------------------------------------|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 24.11.2021<br>Rapporteur : M. Pim Knaff         |                                                                                                              |
| Travaux de la Commission de la Justice (Président : M. Charles Margue) :                             |                                                                                                              |
| 08.12.2021                                                                                           | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation et examen du projet de loi<br>Examen de l'avis du Conseil d'État |
| 14.12.2021                                                                                           | Présentation et adoption d'un projet de rapport                                                              |
| Vote en séance publique : 16.12.2021<br>Loi du 17 décembre 2021<br>Mémorial A : 2021, n° 898, page 1 |                                                                                                              |

## Prolongation de mesures en matière civile et commerciale

### 7918 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 décembre 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière civile et commerciale

Vu le rebond actuel de l’activité pandémique et l’évolution incertaine de la situation pandémique lors du premier semestre 2022 et en vue du maintien des activités des juridictions dans le respect desdites mesures sanitaires, le maintien temporaire de certaines mesures de la loi modifiée du 19 décembre 2020 au-delà du 31 décembre 2021 est jugé utile et nécessaire dans le cadre de la stratégie de la lutte contre la pandémie Covid-19.

Le présent projet de loi propose encore de prolonger les mesures relatives à la suspension du délai de l’article 440 du Code de commerce relatif à l’aveu de cessation de paiement et le délai de l’article 55 du Code civil relatif aux déclarations de naissance et s’inscrit dans la continuation de la lutte contre le Covid-19 par rapport à la situation sanitaire qui perdure, son évolution volatile et aux mesures instaurées par la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19.

|                                                                                                      |                                                                                                              |
|------------------------------------------------------------------------------------------------------|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 24.11.2021<br>Rapporteuse : Mme Carole Hartmann |                                                                                                              |
| Travaux de la Commission de la Justice (Président : M. Charles Margue) :                             |                                                                                                              |
| 08.12.2021                                                                                           | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation et examen du projet de loi<br>Examen de l'avis du Conseil d'État |
| 14.12.2021                                                                                           | Présentation et adoption d'un projet de rapport                                                              |
| Vote en séance publique : 16.12.2021<br>Loi du 17 décembre 2021<br>Mémorial A : 2021, n° 899, page 1 |                                                                                                              |

## Mesures en matière de lutte contre la pandémie

### 7924 - Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° de la loi modifiée du 6 janvier 1995 relative à la distribution en gros des médicaments ;

3° de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant 1° dérogation temporaire à certaines dispositions en matière de droit du travail en relation avec l'état de crise lié au Covid-19 ; 2° modification du Code du travail ;

4° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ;

5° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction d'une mesure temporaire relative à l'application de l'article 12 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ;

6° de la loi modifiée du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19 ;

7° de la loi du 24 juillet 2020 portant dérogation temporaire aux articles L. 524-1, L. 524-2, L. 524-5, L. 541-1 et L. 541-2 du Code du travail ;

8° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 portant dérogation temporaire à l'article L. 121-6 du Code du travail ;

9° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;



**10° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d’une nouvelle aide de relance ;**

**11° de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail**

Au vu de la situation épidémiologique préoccupante, le présent projet de loi prévoit d’apporter des modifications substantielles à la version actuelle de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 qui vient à échéance le 18 décembre 2021.

Le projet de loi, amendé à deux reprises, prévoit entre autres les mesures suivantes :

Seuls les certificats de vaccination et de rétablissement (2G) sont admis comme justificatifs afin d’accéder à des établissements placés sous le régime CovidCheck ou à des événements ayant lieu sous ce régime. Tombent d’office sous le régime CovidCheck, les activités et les établissements dits de « loisirs » tels que les restaurants ou encore, partiellement, les activités sportives ou culturelles. Les enfants de moins de douze ans et deux mois sont exemptés de la présentation de tels certificats. Une exception est prévue concernant les rassemblements qui ont lieu au domicile. Dans ce cas de figure, la règle du 3G s’applique, et non pas celle du 2G, en cas de rassemblement placé sous le régime du CovidCheck.

L’exploitant de l’établissement ou l’organisateur du rassemblement, de la manifestation ou de l’événement sous régime CovidCheck est tenu de vérifier l’identité de la personne qui lui présente un certificat de vaccination ou de rétablissement afin de s’assurer que l’identité mentionnée sur le certificat présenté et celle figurant sur la pièce d’identité soient identiques.

Le projet de loi propose, en outre, que tout salarié, agent public et travailleur indépendant soit soumis au régime dit « 3G » à partir du 15 janvier 2022. Il devra être en mesure de présenter sur son lieu de travail soit un certificat de vaccination, soit un certificat de rétablissement, soit de test TAAN ou TAR négatif. Tout salarié, agent public et travailleur indépendant titulaire d’un certificat de contre-indication à la vaccination contre la Covid-19 doit être en mesure de présenter sur son lieu de travail ce certificat ainsi qu’un certificat de test négatif (TAAN ou TAR) ou le résultat négatif d’un test autodiagnostic servant au dépistage du Sars-CoV-2 réalisé sur place.

Le directeur de la santé peut émettre, sur demande, un certificat de vaccination contre la Covid-19 aux ressortissants de pays tiers, dont le Luxembourg a reconnu les certificats de vaccination à l’entrée du territoire, lors d’un séjour de courte durée sur le territoire du Grand-Duché. Il peut aussi émettre des certificats de contre-indication à la vaccination contre la Covid-19.

La durée de validité des tests TAAN et TAR passe respectivement de 72 à 48 heures et de 48 à 24 heures.

Il est proposé de modifier les dispositions relatives à l’accès de certains établissements tels que les établissements hospitaliers et les établissements qui hébergent des personnes âgées. La principale modification consiste à obliger les prestataires de services externes et les visiteurs d’un établissement, lorsqu’ils sont susceptibles d’avoir un contact étroit avec les patients, les pensionnaires ou les usagers desdits établissements, à la double obligation de présenter un certificat de vaccination, de rétablissement ou de test et d’effectuer un test rapide sur place.

Il est encore prévu de réajuster les règles relatives aux rassemblements. Les rassemblements de plus de 200 personnes et jusqu’à 2.000 personnes incluses sont soumis au régime CovidCheck, à l’exception des rassemblements ayant lieu à des fins de manifester, les marchés à l’extérieur et les transports publics.

Il est proposé d’habiliter les pharmaciens, autorisés à exercer leur profession au Luxembourg, à préparer et administrer les vaccins contre la Covid-19 qui leur sont mis à disposition par un grossiste-répartiteur dans le cadre de la stratégie vaccinale nationale.

Le présent projet de loi entre en vigueur le jour suivant sa publication au Journal officiel du grand-Duché de Luxembourg et reste applicable jusqu’au 28 février 2022.

|                                                                                                          |                                                                                                                            |
|----------------------------------------------------------------------------------------------------------|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 04.12.2021<br>Rapporteur : M. Mars Di Bartolomeo |                                                                                                                            |
| Travaux de la Commission de la Santé et des Sports<br>(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :              |                                                                                                                            |
| 06.12.2021                                                                                               | Présentation du projet de loi                                                                                              |
| 10.12.2021                                                                                               | Désignation d'un rapporteur<br>Examen de l'avis du Conseil d'État                                                          |
| 14.12.2021                                                                                               | Présentation d'une série d'amendements gouvernementaux<br>Présentation des amendements gouvernementaux du 13 décembre 2021 |
| 16.12.2021                                                                                               | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État<br>Présentation et adoption d'un projet de rapport                       |
| Vote en séance publique : 16.12.2021<br>Loi du 16 décembre 2021<br>Mémorial A : 2021, n° 875, page 1     |                                                                                                                            |

## Mesures temporaires sur la libre circulation

**7928 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 juin 2020 portant introduction de certaines mesures temporaires relatives à l’application de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l’immigration**

Le projet de loi n° 7928 vise à prolonger les effets de l’article 2 de la loi du 20 juin 2020 portant introduction de certaines mesures temporaires relatives à l’application de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l’immigration, initialement prévue jusqu’au 31 décembre 2021, jusqu’au 30 juin 2022 inclus. Pendant cette période, les ressortissants de pays tiers ne peuvent plus entrer sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg. La durée de l’interdiction, les catégories de personnes et les modalités de normalisation

sont à fixer par règlement grand-ducal. Par ailleurs, l’article 1<sup>er</sup> de la même loi est abrogé du fait que cette disposition dérogatoire a cessé ses effets au 31 janvier 2021.

|                                                                                                                                                        |                                                                                                                                          |
|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre de l’Immigration et de l’Asile, le 07.12.2021<br>Rapporteur : M. Yves Cruchten                                   |                                                                                                                                          |
| Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l’Immigration et de l’Asile<br>(Président : M. Yves Cruchten) : |                                                                                                                                          |
| 13.12.2021                                                                                                                                             | Désignation d'un rapporteur<br>Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État<br>Présentation et adoption d'un projet de rapport |
| Vote en séance publique : 16.12.2021<br>Loi du 17 décembre 2021<br>Mémorial A : 2021, n° 924, page 1                                                   |                                                                                                                                          |

## Établissements scolaires : prolongation des mesures Covid-19

**7929 - Projet de loi du \*\*\* portant modification :**

**1° de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d’enseignement secondaire ;**

**2° de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d’une réserve nationale des employés enseignants des lycées ;**

**3° de la loi modifiée du 29 octobre 2020 portant 1° dérogation à l’article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l’enseignement fondamental ; 2° modification de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d’enseignement secondaire ; 3° modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d’une réserve nationale des employés enseignants des lycées**

La pandémie de Covid-19 continue à bouleverser l’organisation et le fonctionnement des établissements scolaires. Afin d’assurer le bon déroulement du deuxième trimestre de l’année scolaire 2021-2022, il convient dès lors de maintenir les mesures temporaires introduites par la loi du 29 octobre 2020 portant 1° dérogation à l’article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l’enseignement fondamental ; 2° modification de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d’enseignement secondaire ; 3° modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d’une réserve nationale des employés enseignants des lycées. Ces mesures temporaires avaient été prolongées par la loi du 15 juillet 2021 portant modification : 1° de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d’enseignement secondaire ; 2° de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d’une réserve nationale des employés enseignants des lycées ; 3° de la loi modifiée du 29 octobre 2020 portant 1° dérogation à l’article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l’enseignement fondamental ; 2° modification de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d’enseignement secondaire ; 3° modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d’une réserve nationale des employés enseignants des lycées.

Le projet de loi sous rubrique propose, d’une part, de prolonger jusqu’au 17 avril 2022 le dispositif mis en place dans l’enseignement secondaire en vue d’assurer la surveillance des élèves dont les titulaires de classe sont absents en raison des mesures de mise en quarantaine ou de mise en isolement liées au virus Covid-19.

D’autre part, pour ce qui est de l’enseignement fondamental, la loi en projet entend prolonger la suspension temporaire de la condition d’être détenteur d’une attestation habilitant à faire des remplacements dans l’enseignement fondamental également jusqu’au 17 avril 2022.

|                                                                                                                                                                   |                                                                   |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|-------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse, le 09.12.2021<br>Rapporteur : M. Gilles Baum                       |                                                                   |
| Travaux de la Commission de l’Éducation nationale, de l’Enfance, de la Jeunesse, de l’Enseignement supérieur et de la Recherche<br>(Président : M. Gilles Baum) : |                                                                   |
| 03.12.2021                                                                                                                                                        | Présentation de l’avant-projet de loi                             |
| 10.12.2021                                                                                                                                                        | Désignation d'un rapporteur<br>Examen de l'avis du Conseil d'État |
| 13.12.2021                                                                                                                                                        | Présentation et adoption d'un projet de rapport                   |
| Vote en séance publique : 14.12.2021<br>Loi du 17 décembre 2021<br>Mémorial A : 2021, n° 892, page 1                                                              |                                                                   |

## Mesures en matière de lutte contre la pandémie

**7936 - Projet de loi portant modification :**

**1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;**

**2° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d’une contribution temporaire de l’État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;**

**3° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d’une nouvelle aide de relance**

Le présent projet de loi se propose d’apporter des adaptations à la version actuelle de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19, telle que modifiée par la loi du 16 décembre 2021.

Le présent projet de loi propose les adaptations suivantes avec une entrée en vigueur le lendemain de sa publication au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg :

1. Concernant le secteur Horeca

Le texte prévoit la fermeture du secteur Horeca au plus tard à 23.00 heures. En plus de la présentation obligatoire d’un certificat de vaccination ou de rétablissement (2G) actuellement en place, vient se ra-

jouter l’obligation de présenter le résultat négatif d’un test autodiagnostic réalisé sur place (2G+), respectivement d’un test rapide certifié ou d’un test PCR valides. Sont dispensées de cette mesure les personnes présentant un schéma vaccinal complet et ayant reçu une dose de rappel de vaccination (« booster »).

À noter que cette disposition s’applique uniquement aux clients des établissements de restauration et de débits de boissons et non pas au personnel qui reste sous le régime 3G.

2. Concernant les rassemblements

Le projet de loi propose de réajuster les règles relatives aux rassemblements. Tout rassemblement qui met en présence entre 11 et 20 personnes incluses, au lieu de 50 actuellement, est soumis à la double condition que les personnes portent un masque et observent une distance minimale de deux mètres.

La limite maximale prévue en matière de rassemblements est ramenée de 2.000 à 200 personnes. Des rassemblements avec entre 21 et 200 personnes peuvent avoir lieu, mais doivent être placés sous le régime CovidCheck (2G). À quoi s’ajoute l’obligation, pour les personnes âgées de plus de douze ans et deux mois, de présenter le résultat négatif d’un test autodiagnostic réalisé sur place (2G+), respectivement d’un test rapide certifié ou d’un test PCR valides. Sont dispensées de cette mesure les personnes présentant un schéma vaccinal complet et ayant reçu une dose de rappel de vaccination (« booster »).

Alternativement, un rassemblement entre 21 et 200 personnes peut avoir lieu sans avoir recours au régime CovidCheck. Mais dans ce cas, une triple condition est imposée, à savoir : le port du masque, l’attribution de places assises et l’observation minimale de deux mètres de distance.

Tout évènement de plus de 200 personnes (contre 2.000 jusqu’ici) est interdit, à moins de faire l’objet d’un protocole sanitaire préalablement accordé par la Direction de la santé.

Il est précisé que le dispositif concernant les rassemblements entre 21 et 200 personnes ne s’applique pas aux rassemblements ayant lieu à des fins de manifester, aux marchés à l’extérieur et dans les transports publics. Dans ces cas s’applique l’obligation du port du masque. En outre, l’interdiction de rassemblements au-delà de 200 personnes ne s’applique ni à la liberté de manifester, ni aux marchés à l’extérieur, ni aux transports publics. Dans ces cas également, le port du masque est obligatoire à tout moment.

3. Concernant les activités scolaires

Le projet de loi propose de rendre de nouveau obligatoire le port du masque pour les activités scolaires, de même que pour les activités péri- et parascolaires lorsqu’elles se déroulent à l’intérieur, à l’exception des cours individuels. Cette obligation vaut pour les élèves à partir du 2e cycle de l’enseignement fondamental ou de l’équivalent dans les établissements d’enseignement privés ainsi que pour le personnel enseignant et non enseignant.

4. Concernant les activités sportives et culturelles

Actuellement, dès qu’un groupe de plus de dix personnes pratique une activité sportive ou culturelle, le régime CovidCheck (2G) est obligatoire. Par analogie à ce qui est prévu pour l’Horeca et les rassemblements, ce projet de loi propose de rajouter l’obligation pour les personnes ayant atteint l’âge de douze ans et de deux mois de présenter le résultat négatif d’un test autodiagnostic réalisé sur place, afin de pouvoir participer à ces activités sportives ou culturelles (2G+), respectivement d’un test rapide certifié ou d’un test PCR valides. Sont dispensées de cette mesure les personnes présentant un schéma vaccinal complet et ayant reçu une dose de rappel de vaccination (« booster »).

À noter que pour les activités sportives et culturelles une dérogation existe au régime 2G+, d’une part pour les jeunes âgés entre douze ans et deux mois et de moins de 19 ans pratiquant leur activité au sein d’un club sportif affilié, d’une fédération sportive, d’une fédération culturelle, d’une association du secteur culturel ou d’une entreprise privée ayant comme objet social l’organisation d’activités culturelles. Dans ce cas, ces jeunes personnes sont soumises au régime 3G.

Une exception vaut d’autre part pour les sportifs et encadrants liés par un contrat de travail à un club sportif affilié ou à une fédération sportive agréée et exerçant leur activité à titre principal et régulier ou étant affilié, à titre principal, en tant que tel à la sécurité sociale. Cela vaut également pour les professionnels du secteur culturel liés par un contrat de travail. Dans ces deux cas de figure, les personnes concernées sont soumises au régime 3G.

5. Concernant l’aide aux entreprises

Le projet de loi propose d’adapter la contribution temporaire de l’État aux coûts non couverts de certaines entreprises. Il est prévu d’étendre, pour le mois de décembre 2021, la prise en compte de 100 % des charges d’exploitation encourues par l’entreprise au cours du même mois.

Il est aussi proposé d’adapter les modalités du calcul de l’aide de relance. Le montant mensuel par travailleur indépendant et par salarié en activité est ramené au montant initial de 1.250 euros (contre 1.000 euros actuellement), afin de faire face aux difficultés financières rencontrées par les entreprises éligibles à la présente aide, suite à une hausse du nombre de cas positifs liés à la pandémie Covid-19.

|                                                                                                          |                                                                        |
|----------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------------------------------------------------------------------|
| Dépôt par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 22.12.2021<br>Rapporteur : M. Mars Di Bartolomeo |                                                                        |
| Travaux de la Commission de la Santé et des Sports<br>(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :              |                                                                        |
| 22.12.2021                                                                                               | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation et examen du projet de loi |
| 23.12.2021                                                                                               | Examen de l'avis du Conseil d'État                                     |
| 24.12.2021                                                                                               | Présentation et adoption d'un projet de rapport                        |
| Vote en séance publique : 24.12.2021<br>Loi du 24 décembre 2021<br>Mémorial A : 2021, n° 939, page 1     |                                                                        |



Sommaire

- 1. Ouverture de la séance publique**
- M. Fernand Etgen, Président
- 2. 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 et modifiant :**
- 1° le Code de la sécurité sociale ;**
- 2° la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs (« Bewertungsgesetz ») ;**
- 3° la loi modifiée du 1<sup>er</sup> décembre 1936 concernant l'impôt commercial (« Gewerbesteuer-gesetz ») ;**
- 4° la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes ;**
- 5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;**
- 6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;**
- 7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant**
- a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;**
- b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;**
- c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;**
- 8° la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999 ;**
- 9° la loi du 7 décembre 2007 autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain ;**
- 10° la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse ;**
- 11° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;**
- 12° la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant modification 1. du Code de la sécurité sociale ; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant ;**
- 13° la loi du 1<sup>er</sup> août 2019 concernant les mutuelles**
- 7879 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025 (suite)**
- Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (interventions de Mme Octavie Modert, M. Gilles Roth et M. Fernand Kartheiser) - M. Sven Clement (parole après ministre) - M. le Ministre Pierre Gramegna - M. Gilles Roth (parole après ministre) (intervention de M. le Ministre Pierre Gramegna) - M. le Ministre Pierre Gramegna - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) - M. le Ministre Pierre Gramegna
- 3. 7848 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2020**
- Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire : Mme Diane Adehm
  - Discussion générale: M. Guy Arendt - M. Dan Biancalana - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement
  - Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel (interventions de M. Sven Clement)
- 4. 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 [...]**
- 7879 - Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025 (suite)**
- Vote sur l'ensemble du projet de loi 7878 et dispense du second vote constitutionnel
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi 7879 et dispense du second vote constitutionnel
  - Motion 1 : M. Gilles Baum - M. Fernand Kartheiser
  - Vote sur la motion 1 (rejetée)
  - Motion 2 : M. Gilles Baum
  - Vote sur la motion 2 (rejetée)
  - Motion 3 : M. Gilles Baum - Mme Martine Hansen - M. Sven Clement - M. Fernand Kartheiser
  - Vote sur la motion 3 (rejetée)
  - Motion 4 : M. Gilles Baum (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - Mme Nathalie Oberweis (intervention de Mme Myriam Cecchetti) - M. Gilles Roth - M. Sven Clement - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Gilles Baum)
  - Vote sur la motion 4 (rejetée)
  - Motion 5 : M. Gilles Baum (intervention de M. Gilles Roth) - M. Sven Clement - Mme Nathalie Oberweis
  - Vote sur la motion 5 (rejetée)
  - Motion 6 : M. Georges Engel - M. Marc Spautz (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Georges Engel)
  - Vote sur la motion 6 (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) (rejetée)

- Motion 7 : M. Gilles Baum - Mme Martine Hansen
  - Vote sur la motion 7 (rejetée)
  - Motion 8 : M. Gilles Baum - M. Gilles Roth - M. Sven Clement - Mme Myriam Cecchetti
  - Vote sur la motion 8 (rejetée)
  - Motion 9 : M. Gilles Baum - M. Marc Spautz - M. Sven Clement - M. Fernand Kartheiser - Mme Nathalie Oberweis
  - Vote sur la motion 9 (intervention de Mme Nathalie Oberweis) (rejetée)
  - Motion 10 : M. Gilles Baum - M. Sven Clement - M. Gilles Roth - M. Fernand Kartheiser
  - Vote sur la motion 10 (rejetée)
  - Vote sur la motion 11 (rejetée)
  - Motion 12 : M. Gilles Baum - M. Gilles Roth
  - Vote sur la motion 12 (rejetée)
- 5. Ordre du jour**
- M. Yves Cruchten
- 6. 7888 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée aux fins de transposer la directive (UE) 2021/1159 du Conseil du 13 juillet 2021 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne les exonérations temporaires relatives aux importations et à certaines livraisons ou prestations, en réaction à la pandémie de Covid-19**
- Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler
  - Discussion générale: M. Laurent Mosar - M. Claude Haagen - Mme Josée Lorsché - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement
  - Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 7. Résolution relative aux comptes de l'exercice 2020 de la Cour des comptes**
- Dépôt et exposé : Mme Diane Adehm
  - Vote sur la résolution (adoptée)
- 8. Résolution relative aux comptes de l'exercice 2020 du Médiateur**
- Dépôt et exposé : Mme Diane Adehm
  - Vote sur la résolution (adoptée)
- 9. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2020 du Centre pour l'égalité de traitement**
- Dépôt et exposé : Mme Diane Adehm
  - Vote sur la résolution (adoptée)
- 10. Résolution relative aux comptes de l'exercice 2020 de l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher**
- Dépôt et exposé : Mme Diane Adehm
  - Vote sur la résolution (adoptée)
- 11. 7851 - Projet de loi relative au financement de l'exploitation des services publics d'autobus**
- Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Chantal Gary
  - Discussion générale: M. Serge Wilmes - M. Max Hahn - Mme Cécile Hemmen - M. Jeff Engelen - Mme Myriam Cecchetti - M. Marc Goergen
  - Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics - M. Marc Goergen (parole après ministre) - M. le Ministre François Bausch - Mme Myriam Cecchetti (parole après ministre) - M. le Ministre François Bausch
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 12. Ordre du jour (suite)**
- M. Fernand Etgen, Président
- 13. 7928 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 juin 2020 portant introduction de certaines mesures temporaires relatives à l'application de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration**
- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile : M. Yves Cruchten (intervention de M. Fernand Kartheiser)
  - Discussion générale: M. Claude Wiseler - M. Gusti Graas - Mme Stéphanie Empain - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 14. 7819 - Projet de loi portant :**
- 1° approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas en matière de coopération policière, signé à Bruxelles, le 23 juillet 2018 ;**
- 2° modification de la loi modifiée du 21 décembre 2004 portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004**

- Rapport de Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense : Mme Stéphanie Empain
  - Discussion générale: M. Jean-Marie Halsdorf - M. Gusti Graas - M. Dan Biancalana - M. Fernand Kartheiser - M. Marc Goergen (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. Fred Keup) - M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel) - M. Marc Goergen (intervention de M. Sven Clement et M. Fernand Kartheiser)
  - Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre)
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 15. 7793 - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise**
- Rapport de Commission de la Justice : M. Marc Goergen
  - Discussion générale: M. Gilles Roth - Mme Carole Hartmann - Mme Cécile Hemmen - M. Charles Margue - M. Fernand Kartheiser - Mme Nathalie Oberweis - M. Sven Clement (dépôt des motions 1 et 2)
  - Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice (intervention de M. Sven Clement)
  - Vote sur l'ensemble de la proposition de loi (rejetée)
  - Motions : M. Charles Margue - M. Sven Clement - M. Charles Margue - Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice (intervention de M. Sven Clement)
  - Vote sur la motion 1 (rejetée)
  - Vote sur la motion 2 (rejetée)
- 16. 7916 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 septembre 2020 portant des mesures concernant la tenue de réunions dans les sociétés et dans les autres personnes morales**
- Rapport de Commission de la Justice : M. Charles Margue
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi
- 17. 7917 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière pénale**
- Rapport de la Commission de la Justice : M. Pim Knaff
- 18. Respect d'une minute de silence**
- M. Fernand Etgen, Président
- 19. 7917 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière pénale (suite)**
- Rapport de la Commission de la Justice (suite) : M. Pim Knaff
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 20. 7918 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 décembre 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière civile et commerciale**
- Rapport de la Commission de la Justice : Mme Carole Hartmann
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 21. 7908 - Projet de loi portant modification de l'article 55 du Code civil en vue de la prolongation du délai des déclarations de naissance**
- Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue
  - Discussion générale: Mme Octavie Modert
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 22. 7533A - Projet de loi portant modification :**
- 1° du Code pénal ;**
- 2° du Code de procédure pénale ;**
- 3° de la loi modifiée du 17 mars 1992 portant**
- 1. approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988 ;**
- 2. modifiant et complétant la loi du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie ;**
- 3. modifiant et complétant certaines dispositions du Code d'instruction criminelle ;**
- aux fins de transposition de la directive (UE) 2018/1673 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2018 visant à lutter contre le blanchiment de capitaux au moyen du droit pénal**
- Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue
  - Discussion générale: M. Laurent Mosar (intervention de Mme Martine Hansen) - Mme Carole Hartmann - Mme Cécile Hemmen
  - Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice - M. Laurent Mosar (parole après ministre)
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Pierre Gramegna, M. Marc Hansen, Mme Sam Tanson et M. Henri Kox, Ministres.**





(La séance publique est ouverte à 08.02 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Näischt Spezielles, Här President, mat Ausnam, dass ech weess, dass ech als Éischten un der Rei sinn.

(Hilarité)

## 2. 7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 et modifiant :

1° le Code de la sécurité sociale ;

2° la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs (« Bewertungsgesetz »);

3° la loi modifiée du 1<sup>er</sup> décembre 1936 concernant l'impôt commercial (« Gewerbesteuer-gesetz »);

4° la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes ;

5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;

7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant

a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;

b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;

c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;

8° la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999 ;

9° la loi du 7 décembre 2007 autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain ;

10° la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse ;

11° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;

12° la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant modification 1. du Code de la sécurité sociale ; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant ;

13° la loi du 1<sup>er</sup> août 2019 concernant les mutuelles

## 7879 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2025 (suite)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Chamber fiert de Moie mat den Debatten iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2022 an iwwert d'Programmation financière pluriannuelle weider. An d'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister, den Här Pierre Gramegna.

### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Gudde Moien, Här President. Dir Dammen ...

■ **Une voix**.- De Mirko ass aus!

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, ech hunn och fonnt, meng Stëmm, déi dréit haut net.

(Hilarité)

Ech hu geduecht, et wär vläicht, well et moies fréi ass. Sou, mat e bësse Waasser geet et besser, d'Stëmm misst elo méi kristallkloer sinn.

Also gudde Moien alleguerten. Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, et ass ëmmer schwéier no den Debate ronderëm de Budget, fir éischstens emol op alles ze äntweren. Ech versichen ëmmer, d'Saachen ze gruppéieren. Ech hunn dëst Joer zéng Punkten. Da wësst Der och, da mer bei de Schluss kommen.

Mäin éischte Punkt huet domat ze dinne, mat der Rep... Enfin, fir d'éischt awer dann e generellt Wuert fir ze soen, dass dat heiten ëmmer e Moment ass, wou een natierlech déi verschidden Nuancen, déi verschidde Positiounen vun all Parteie kenneléiert oder se evoluéieren. Dat ass ëmmer ganz utile. Et ass och verständlech, dass beim Vott vum Budget d'Oppositionen ëmmer dergéint stëmmt. C'est la règle du jeu. C'est la règle du jeu! Et ass dat, wat hannernt der Politik steet, déi vun der Regierung gemaach gëtt. An ech mengen, souguer wann ech all d'Propositionen, déi gëschter gemaach gi sinn, géif mat u Bord huelen, géif nawell kee vun der Oppositionen soen: „Ma da stëmmen mer elo de Budget mat.“

(Hilarité et interruptions)

■ **Une voix**.- Da musse mer kucken.

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Da kucke mer, jo. Mee dat hate mer nach ni, mengen ech.

Also dat virausgeschéckt, hunn ech zéng Punkten. Fir d'éischt emol, fir iwwert d'Reputatioun vum Land ze schwätzen. Et ass esou, dass fir e klenge Land wéi Lëtzebuerg mat enger grousser Finanzplaz, déi oppen ass a visibel ass fir d'ganz Welt, eis Finanzplaz e Spigelbild gëtt fir d'Reputatioun vum Land selwer.

Ech ginn lech e Beispill: Wéi an Däitschland de Skandal Wirecard war, ass vun engem Skandal Wirecard geschwat ginn. No e puer Méint ass du gesot ginn: „Jo d'BaFin huet vläicht net ganz gutt alles kontrolléiert.“ Dat ass hir CSSF. Mee du stoung ni an der Zeitung: Frankfurt oder Däitschland - Steierparadies oder Schlupfloch fir Blanchiment. Dat stoung néierens.

Wa mir awer eppes hunn, an ech ginn elo keng Nimm, wann eppes op eiser Finanzplaz geschitt oder soss eppes, wat mat där verbonnen ass, da gëtt dat gläichgestallt mat Lëtzebuerg. An dat muss een einfach akzeptéieren. Et ass zwar net gerecht, mee et ass esou. An dofir ass déi Fro vun der Reputatioun esou eng wichteg.

Den honorabelen Deputéierte Roth huet gëschter e bëssen den Historique gemaach. En huet vu Feira geschwat. Ech kennen dat ganz gutt. Ech hunn dat deemools verfollegt. Deemools ass e Kompromëss gemaach ginn, Enn den 90er-Joren, wou d'Länner de Choix kruten, fir entweeder Échange d'Informations ze maachen oder eng Retenue à la source ze maachen.

Ech erënnere mech, als jonken Diplomat hat zéng Joer virdru Lëtzebuerg och bal eleng d'Retenue à la source blockéiert, 1989. Dunn huet Däitschland d'Meenung changéiert an dunn ass net méi dovunner geschwat ginn. Zéng Joer duerno zu Feira ass de Kompromëss komm an de mémoire si siwen, aacht Länner, déi gesot hunn: „Ma mir maachen dann den Échange automatique.“ Pardon, siwen, aacht hu gesot: „Mir maachen d'Retenue à la source“, an déi aner Länner hunn den Échange d'informations gemaach.

Deemools ware mer och nach zu 15 Länner. Dat heescht, do war dat esou hallef an hallef. Iwwert d'Joren huet dat changéiert. Wéi mer méi no komm si bei d'Finanzkris, waren nach just e puer Länner, déi d'Retenue à la source gemaach hunn amplaz den Échange vun Informatiounen. Dat ass eeben eng Evolutioun.

Ech verstinn, dass mer versicht hunn ..., dass déi viregt Regierung versicht hunn, déi Avantagen, déi Lëtzebuerg hat mat deem Choix, och nach duerchezéien. Mee et gesäit een d'Limitten, wann een an deen éischte Conseil ECOFIN geet a mierkt, dass ee praktesch eleng do ass mat Éisträich. Dat ass net gutt.

Mee dat ass nëmmen een Deel vum Äisbiere. Deen aneren Deel ware jo all d'Structurationen, déi zu Lëtzebuerg gemaach gi sinn an déi net méi zäitgemëss waren. An dofir soen ech, wann d'Reputatioun vun engem a Fro gestallt ass, dat ass eppes ganz Wichteges.

Dir kennt den däitsche Sproch: „Geld verloren, wenig verloren! Ehre verloren, viel verloren! Hoffnung verloren, alles verloren!“ An ech insistéieren drop, wann also d'Reputatioun oder d'Éier vun engem Land a Fro gestallt gëtt, dat muss ee ganz seriö huelen. Ech mengen, mir hunn an de leschten aacht Joer gutt geschafft. Eisen Image huet sech verbessert. Mee Dir gesitt jo nach reegelméisseg an de Medien, dass, wann dat Wuert Lëtzebuerg fält, dat Wuert Steierparadies direkt hannerdu kennt. Nach ëmmer! Vill manner, mee et kennt awer nach ëmmer

A mäi Message ass, an déi gutt Saach ass, wëll ech soen, mir ginn net méi attackéiert vun anere Länner. Soss huet een da gelies, deen an dee vun deem Land huet gesot: „Lëtzebuerg ass d'Haaptsteierparadies.“ Dat seet haut kee Responsabele méi. Also do hu mer jo schonn e grouse Fortschritt. Mee fir dat, wat de Public gesäit, déi fannen nach ëmmer déi Adjektiver an dat aalt Bild erëm. A mir musse weider dorop schaffen. A mir kënnen nëmmen deen Image iwwert d'Jore verbessern, wa mer weider ganz gutt oppassen, wat mer maachen, an op jidde Fall net zréckfalen an eng Situatioun, wou mer isoléiert sinn, wou mer eleng oder bal eleng op der Welt Saache wëlle bäibehalen, déi anerer net méi hunn. Op déi Affären, déi een esou op Lëtzebuerg kritt, solle mer verzichten.

A gëschter Owend, wéi ech no dëser Sëtzung a mäi Büro zréckgaange sinn, dee jo net wäit ewech ass, krut ech hei d'Informatioun, dass d'Europäesch Kommissioun gëschter gesot huet, dass se d'Affär, d'soi-disant Affär vun de LuxLetters klasséiert hätt sans suite.

■ **M. André Bauler** (DP).- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Gëschter Owend. Dir kënnt lech erënnere, dass mer och dëst Joer dräimol oder zweemol frontal attackéiert gi si mam OpenLux, mat de LuxLetters. An hei huet d'Europäesch Kommissioun op Demande vum Europaparlament, dat gedréckt huet, do misst dat awer kontrolléiert ginn, dat wär ganz schlémm ..., a se ass zur Konkusioun komm, dass do näischt wär. Mir mussen also vigilant bleiwen an där Saach.

Mäin zweete Punkt huet mat Fiskalitéit ze dinne, en général Mesuren, Reformen. Ech bedauere wéi vill vun lech, dass mer de Spitt net hunn haut, fir eng Steierreform ze maachen, wéi mer eis dat virgeholl haten. An och d'Individualisatioun, fir déi ze maachen, muss ee Spitt hunn, fir natierlech dat esou ze maachen, dass d'Leit och dobäi eppes wannen. Et kann een och eng Individualisatioun maachen, déi komplett neutral ass, déi näischt kascht. Mee da maacht Der eng Reform, déi kee Beléiftheetsgrad huet.

Mir hunn ..., an, ech mengen, dat war fir mech e sprangende Punkt an deene Kriticken oder Virschléi, wat een hätt solle maachen: Vun der Opposition ass d'Reform vun 2017 einfach net wouergeholl ginn a vläicht ënnerschat ginn. Déi Reform huet zwëschent 400 a 500 Milliounen kascht. Dat wësse mer haut sécher. A wat hu mer gemaach? Mir hunn eng Reform gemaach, an ech kommen op mäin Dada zréck vum Steierkredit, mir hunn net d'Tabell einfach ugepasst un d'Inflatioun. Wa mer dat gemaach hätten, dann hätte mer dee Spillraum vu 400, 500 Milliounen nëmme mat deem Ajustement verpolfert. Well et muss ee jo awer hei ganz realistesch soen: Wann een eng Adaptatioun un d'Inflatioun mécht vun der Steiertabell, wien ass dann do de Beneficiaire? Ech brauch lech jo keng Zeichnung ze maachen.

Een, dee ganz weineg Steiere bezilt, bezilt dann nach e ganz e bësse manner Steieren. Mee een, deen der ganz vill bezilt, dee bezilt der dann e gudde Batz manner. Bon, wann een natierlech an deene Revenuen ass, ass ee ganz frou doriwwer. An dat wollt ech perséinlech net maachen.

An dofir hu mer eng Reform gemaach, déi nach ni esou gemaach ginn ass. An ech sinn houvreg dorobber.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- An déi 400, 500 Milliounen hu mir gebraucht, fir eng sozial gerecht Steierreform ze maachen.

■ **Une voix**.- Richtig!

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Fir dann ze soen, wéi den Här Roth dat ënner anerem gesot huet: „Mir hätte gär, mir fuerderen en Ajustement un d'Inflatioun!“ Jo, dat kascht 400, 500 Milliounen. Da muss een déi emol siche goen. An da soen ech lech, wann een déi och nach géif fannen, da géif ech se net esou gebrauchen.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Dann, wat d'indirekt Steieren ubelaangt, dat war dann och e Virschlag ..., bon e Virschlag, eng Revidicatioun, déi scho säit Jore jo kënnt, fir beim bëllegen Akt 10.000 oder 20.000 Euro an d'Luucht ze goen.

Éischstens emol de Käschtepunkt: Wann ee géif 10.000 Euro méi eropgoe fir de bëllegen Akt - am Moment huet een do 20.000 Euro, pro 10.000 Euro kascht dat 90 Milliounen. 90 Milliounen! Ass dat rasonabel?

Zweetens: Wann Dir e bëllegen Akt maacht, dat kënnt en appearance deem, deen dat dann net méi brauch ze bezuelen, den Droit d'enregistrement, dat kënnt deem zegutt. Mee dat gëtt an d'Präisser integréiert. Dat heescht, de Benefiss verschwënnt. A mir hunn eis virgeholl als Regierung, an ech fannen dat gutt, dass mer keng Mesurë solle weiderdreien oder nach méi gönschteg maachen, déi et fäerdegbréngen, dass d'Präisser nach méi an d'Luucht ginn.

Dofir, ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Minister, erlaabt Der, datt den Här Roth lech eng Fro stellt?

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Wann ech mat menger Presentatioun fäerdeg sinn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- De Käschtepunkt vun eiser Reform, hunn ech virdru gesot, ware 400, 500 Milliounen Euro, dat waren deemools 0,7 %, 0,8 % vum PIB. Wann een zréckkuckt, wat fir eng Reformen an der Vergaangenheet gemaach gi sinn, an ech krut d'Zifferen elo eréischt rezent, dofir muss ech dat hei op mengem Handy sichen. Déi Reformen, déi fréier gemaach gi sinn an de Joren 2000, 2001, 2002, dat waren 2001 1,1 % vum PIB an dat war 2002, also dat Joer duerno, 2,1 % vum PIB. Zesummen also op zwee Joer Steiererlicherungen, déi den Här Roth richtegerweis ervigestrach huet, wou mer en Total hate vun 3,2 % vun eisem Räichtum. Véier- bis fënnefmol esou vill wéi déi, déi mir 2017 gemaach hunn.

Op wat wëll ech hei erauskommen? Ech wëll hei drop erauskommen, dass mir 2002, 2001 an 2000 immens vill Recetten erakruten, well et der Ekonomie ganz gutt gaangen ass. An Dir hutt de Choix gemaach, Steiererlicherungen ze maachen, déi immens héich waren. Eh bien, soen ech lech, zu där Zäit hätt ech e Fonds souverain gemaach an ech hätt nëmmen en Deel dovunner ausgedeelt. An ech wär och net, mee dat ass e perséinleche Choix ...

■ **Mme Octavie Modert** (CSV).- Dir waart an der Regierung déi Zäit, Är Partei!

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech net! Ech schwätze vu mir hei. Ech schwätze vu mir hei! Et ass meng lescht Geleeënheet, fir meng perséinlech Meenung ze soen, an da soen ech déi.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

(Interruption)

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, ech sinn net responsabel fir alles, wat virdru gemaach ginn ass. Ech hu jo och verschidde Saache komplett anescht gemaach wéi virdrun an ech stinn dozu.

■ **Mme Octavie Modert** (CSV).- Dat ass gutt ze wësse fir aner Saachen elo.

■ **M. Gilles Roth** (CSV).- D'Sozialisten hate se och matgestëmmt.

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Natierlech. An do si mer erofgaangen op 38 % vum Taux maximal. Haut si mer méi héich. A firwat si mer méi héich? Well bei där éischtschlechter Kris, déi komm ass, hu mer misse mat de Steieren an d'Luucht goen.

An ech fannen, dass dat, wat mir gemaach hunn, wat also nëmmen 0,7 % vum PIB kascht huet, dass mer do gutt geschafft hunn an deene gehollef hunn, déi et am meeschte brauchen, wat lech, Här Roth, jo ganz um Häerz läit a mir och.

■ **Une voix**.- Très bien!

**M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- An nëmmen, well ech et och a menger Ried net gesot hat, wëll ech lech soen, dass mer elo am Fonds souverain intergénérationnel vu Lëtzebuerg bal eng hallef Milliard op d'Säit geluecht hu fir déi nächst Generatioun.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Mäin drëtte Punkt ass e Punkt, dee verbonnen ass mam Tanktourismus a mat der CO<sub>2</sub>-Steier. Den Här Kartheiser huet souguer plädéiert, dass mer en fait den Tanktourismus net sollen opginn, well deen esou vill Suen erabrängt.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo.

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech muss lech soen, dass ech déi Approche ganz einfach net deelen, dass mer dat sollte weiderféieren, aus engem ganz einfache Grond. Mir sollen hëllefen, dass mer d'Klimaziler erreechen, ganz einfach. A fir dann ze soen, an ech hunn dat Argument schonn héieren, en appearance schéngt dat e gutt Argument ze sinn, en appearance, jo: Ginn déi Lite ren net zu Lëtzebuerg kaaft, da gi se an den Nopeschlänner kaaft, dann hu mer nach ëmmer näischt fir de Klima gemaach.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Richtig!

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Richtig! Nee, et ass falsch. Éischstens hu mer eng generell Responsabilitéit par rapport zum Klima. Mee zweetens: All d'Energie, déi mir importéieren, déi gëtt eis net ugerechent. Mir importéiere 95 % vun eiser Energie. Déi gëtt deenen anere Länner ugekräit. Also dofir ass et och dat Normalst op der Welt, soen ech lech, dass mir ugerechent kréien, wann hei getankt gëtt.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dat wär jo kee Revenu dann.

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, jo. An da kommen ech awer zu deem, wat dës Regierung bis elo fäerdegbruecht huet. Mir hu fäerdegbruecht, Här Kartheiser, dass mer par rapport zu 2019 - also ech schwätze guer net vun 2020, well et jo mat deem Lockdown e ganz speziell Joer war, wou d'Consumatioun immens déif war -, mee par rapport zu 2019 ass d'Vente vum Diesel zu Lëtzebuerg 2021 20 % erofgaangen an dank der CO<sub>2</sub>-Steier an dank verschiddene klengen Augmentatiounen, déi mer gemaach hunn, sinn eis Recetten nach ëmmer guer net esou schlecht. An ech wollt heimadder soen: Et kann een e Wee goe bis 2030, wou een dann déi minus 55 % un Emissiounen fäerdegbréngt - ouni dass mer vun haut op muer d'Recetten alleguerte verléieren - an an engems klimagerecht handelt.

Zur CO<sub>2</sub>-Steier, déi visiblement ganz vill Interêt bei ville vun lech huet, muss ech soen: Ech sinn nach ëmmer iwwerzeegt, dass dat déi richtig Decisioun war vun der Regierung, fir d'CO<sub>2</sub>-Steier anzeféieren an dann zweemol eng Augmentatioun vu fënnef Centimes fir d'nächst Joer an dat Joer duerno. Mir





hunn also do direkt de Wee gemoolt fir déi dräi nächst Joer. An dat ass richtig esou.

Et ass awer och richtig, dass mer dat net am Index integréieren. Dat mécht kee Sënn. Et mécht kee Sënn, well mer jo de Crédit d'impôt, ech kommen erëm op deen zrëck, vu 600 am Joer op 696 eropgesat hunn. Do ass d'Kompensatioun fir déi kleng Revenuen am Crédit d'impôt dran. Da gi mer awer net nach hin a mir setzen de Präis, d'Präisdeierecht, déi wéinst dem CO<sub>2</sub> kënn, dann och nach an den Index. Well do hëllefe mer deenen, vu dass jo jidderene den Index kritt, déi et jo net brauchen. Oder dat wär duebel gezielt.

Do héieren ech natierlech, well Verschiddener nach ëmmer nëmme wëllen am ale Scheema sinn, dann hätt een dat mam Crédit d'impôt net solle maachen, mee et hätt een et sollen an den Index setzen. Mee där Meenung sinn ech eeben net an d'Regierung och net. Mir wäerten dach net Leit, déi héich Revenuen hunn, déi eng CO<sub>2</sub>-Steier musse bezuelen, well mer dat wëlle wéinst dem Klima, dat zum Deel och nach rembourséieren iwwert den Index. Dat mécht dach absolutt kee Sënn!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances**.- Véierte Punkt: D'Digitalisatioun ass vu villen ugeschwat ginn. Déi Kreditter ginn an d'Luucht. D'Kreditter si wichteg. Op där anerer Säit muss een awer och kucken, wat an deene leschte Jore geschitt ass. An de leschte Joren huet d'Digitalisatioun zu Lëtzebuerg an der Administratioun wierklech Faart opgeholl a mir hunn eng ganz Rëtsch nei Leeschtungen, déi bäikomm sinn. Mir hunn der 2019 32 derbäi kritt, et sinn Demarchen, déi derbäikomm sinn, am Joer 2020 50, am Joer 2021 74.

Ech rappeléieren och, dass ech virun e puer Wochen annoncéiert hunn, dass mer eng digital Besteuerung wäerten d'nächst Joer aféieren. D'Demarche konnt schoonn digital gemaach ginn, mee se konnt net digital ausgeschafft ginn. Ech mengen, dat ass e wichtige Fortschritt.

A leschtens: Mir haten am Joer 2016 100.000 Leit, déi Demarchë gemaach hunn. Am Joer 2021 sinn dat der 3,5 Milliounen. A fënnef Joer hu mer dat mat 35 multipliziéiert. Elo kann een also net soen, dass mer do net virukommen. Elo kéint een natierlech ëmmer soen, mir müssen op deen Niveau kommen, deen Estland huet. Dat soll en Zil sinn a mir rappochéieren eis un dat Zil.

Mäi fënnefte Punkt ass iwwert d'Schoul. Do wollt ech - wat d'Madam Lorsché richtegerweis ënnerstrach huet - soen, dass et remarkabel ass, wéi wéineg zu Lëtzebuerg d'Schoulen zougemaach gi sinn. Et gött net vill dovunner geschwat. Mee wann een dat mam Ausland vergläicht, gesäit een dat. An doduerch, dass déi Schoule manner zougange si wéi am Ausland, dank villé Mesuren, déi konnte geholl ginn, huet den Niveau vun de Studenten zu Lëtzebuerg bestëmmt e bësse gelidden, well dat war eng schwéier Period, mee warscheinlech manner gelidde wéi an deenen anere Länner.

Als sechste Punkt géif ech gären eppes eraushuele vun der Ried vun Rapporteur a vun dem honorerabelen Deputéieren Engel, wéi e gesot huet, dass mer an der Steuerreform och e Reequilibrage fäerdegbruecht hunn zwëschent deem, wat d'Entreprises u Steiere bezuelen an de Particulier. Nun ass dat net einfach, fir do op 50:50 ze kommen, mee mir sinn awer an déi Richtung gaangen. Virun der Reform hu Particulieren, d'Personnes physiques 60 % bezuelt an d'Entreprisë 40 %. Elo ass dee Ratio 53:47. Dat ass net genuch a mengen Aen ënnerstrach ginn, ass awer och en Zeche vun enger equilibréierter sozial gerechter Gesellschaft.

Als siwente Punkt géif ech gären e bëssen iwwert d'Inflatioun schwätzen, déi e Sujet ass, dee beim Rapporteur Dan Biancalana a bei verschiddenen aneren zum Virschäin komm ass. Ech mengen, dat ass eng Fro, déi lech all, eis all wäert an den nächste Méint a Jore beschäftegen. Ech mengen nämlech net, dass mer et hei mat engem Streefeier ze dinn hunn, mat där Inflatioun, mee dass et eppes ass, wat riskéiert, méi laang ze daueren.

Während enger Dose Joren, säit der Kris vun 2008 hate mer jo eng Inflatioun, déi ganz niddreg war, déi mer guer net gewinnt waren. An eng Europäesch Zentralbank, déi änlech wéi déi aner grouss Zentralbanken en Zil hat an huet, fir déi Inflatioun op no bei 2 % ze bréngen oder op 2 %. Elo si mer driwwer, fir d'éischt säit zwielef Joer. An d'Zentralbanke soen, op jidde Fall d'Europäesch Zentralbank: Dat ass passager, dat geet laanscht an da komme mer erëm an déi Gewässer, an deene mir virdru waren.

Ech mengen, mir sollen eis intellektuell an dann och praktesch drop astellen, dass d'Inflatioun wäert dauerhaft méi héich si wéi dat, wat mer elo déi lescht Jore gewinnt waren, wat als Konsequenz huet zu Lëtzebuerg, dass eisen Index natierlech erëm wäert méi oft sprangen. Nun, doriwwer kann ee sech freeën an doriwwer muss ee sech awer och Suerge maachen. Freeën am Sënn - an dofir wollt ech och de Sujet nach eng kéier hei soen -: Eis lescht Indextranche, déi ass méi fréi komm, wéi se

geplangt war wéinst den Energiepräisser. Dat heescht, do ass eng Indextranche (veuillez lire: do sinn d'Energiepräisser) zur Hallschent responsabel fir déi Indextranche am Oktober gewiescht. Suergen, well dat natierlech riskéiert, eng Spiral ze ginn, wéi mer dat scho kannt hunn. Ech soen hei net, dass mer hei sollen den Index änneren, ech wëll hei net falsch verstane ginn. Ech mengen, dass en général den Index eis gutt Déngschter gelescht huet, soziale Fridde geséichert huet a justement fäerdegbréngt, dass mer kënnen Rechnung droen, wat an der Realitéit geschitt. Ass dat net eng gutt Aart a Weis, och fir d'Kafkraaft ze erhalen?

Mäin aachte Punkt huet mat der Schold ze dinn. Och dat ass ganz normal. Ganz vill Deputéiert hunn doriwwer geschwat. Fir d'éischt emol fir all déi, déi ëmmer froen: Et soll een haaptsächlech iwwert d'absolutt Schold schwätzen. Et ass net fir d'éischt, wou ech et hei soen, mee ech widderhuelen et dann nach eng kéier. Firwat mécht et Sënn, dat par rapport zum PIB ze kucken? Wann ech elo déi ganz einfach Äntwert huelen: Majo, well Europa dat esou rechent. Mee firwat rechent Europa et par rapport zum Räichtum? Majo, well et esou ass, dass déi Schold jo haaptsächlech do misst sinn - ass an deene meeschte Länner net de Fall, ass awer zu Lëtzebuerg de Fall -, fir d'Zukunft ze organiséieren, fir Investissementer, déi iwwer 5, 10, 15, 20 Joer daueren, ze finanzéieren. Dofir rechent een dat par rapport zum PIB.

An da wëll ech hei ënnersträichen, dass mir zu Lëtzebuerg zwee Drëttel vun eisen ambitiësen Investissementer mat lafende Recettë finanzéieren. Mir finanzéieren nëmmen een Drëttel - een Drëttel! - vun all eisen Investissementer mat Schold. De Rescht finanzéiere mer mat Recetten. Wat a mengen Aen e ganz gudd Krittär ass fir ze gesinn, wéi gesond eis Staatsfinanze sinn.

Ech kann lech soen, an deene meeschte Länner ronderëm eis an an Europa, do gött praktesch alles mat Schold finanzéiert. Sou wéi och eng Privatpersoun, wa se en fait net vun doheem gehollef kritt oder net eng Ierfschaft gemaach huet a muss ufänken, en Doheem ze kafen, jo 20 %, 25 % opbréngt an dann op d'Bank geet, just hei si mer ëmgekéiert, zwee Drëttel hu mer a mir ginn nëmmen een Drëttel léinen.

An da kommen ech zu mengem leschte Punkt. Dat sinn d'soutenabel Finanzen oder nohalteg Finanzen. Do géif ech dem Här Benoy gäre Merci soen, dass en dat esou an de Vierdergrond bruecht huet, well dat a mengen Aen en immens wichtige Punkt ass, an dat ass och da mäi leschten. Zum enge steet Lëtzebuerg an deem Domän ganz gutt do. Verschiddener hunn dat anescht gesinn. Ech deelen déi kritesch Analys net. Mir hu ganz vill Initiative geholl, déi ech elo net all hei opzielen, se si bekannt, fir Fongen ze encouragéieren, a Richtung nohalteg Aktivaen ze goen.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg d'lescht Joer ... 40 % vun all deem neie Geld, wat erakomm ass, ware Green Assets, waren also nohalteg. 40 % d'lescht Joer, dat ass vill! Europa ass och déi wichtigst Stell, wou dat geschitt. Bal 80 % vun de Fongen, déi ESG sinn, déi also nohalteg sinn, sinn an Euroe libelléiert. Den Euro ass de Moment, wou mer schwätzen, par excellence déi nohaltegst Währung. A Lëtzebuerg ass als Finanzplaz an den Top Dräi, wat all d'Krittären ubelaangt, wou och ëmmer een hikuckt. An ech mengen, dass et eng gutt Saach ass, dass mer do esou gutt placéiert sinn, an dat wäert och hoffentlech an Zukunft esou weidergoen.

Et ass kritiséiert ginn - ech mengen, dat war den Här Clement -, dass mer verschidden Initiative geholl hu wéi zum Beispill en Droit d'enregistrement bei de Fongen, déi ESG sinn, dass déi méi kleng sinn, dass dat reduzéiert ass. Mee dat ass en Incentive an dat ass kee Greenwashing, wéi Dir dat genannt hutt. Wann ech op esou engem Fong manner muss bezuele wéi op engem, wou fossill Energien dra sinn, majo da maachen ech dat nach méi attraktiv. An ech wëll lech och soen: Hei schwätze mer net vu Greenwashing, loin de là!

Ech wëll lech och soen: D'Reegelen, wat gréng ass a wat net gréng ass, dat solle mir net hei zu Lëtzebuerg decidéieren, an dat gött och Gott sei Dank um europäeschen Niveau decidéiert! D'Taxonomie vun der Europäescher Unioun ass d'lescht Joer adoptéiert ginn. An d'Europäesch Unioun huet och den 10. Mäerz eng Direktiv publizéiert, wat d'Oppeleeung ass vun den Investissementer, déi ee mécht, d'„Disclosure“-Directiv fir Sustainable Finance. Do gött et en europäesche Kader.

An ech hunn lech esou verstanen - mee vläicht hunn ech lech falsch verstanen, Här Clement -, dass Dir gesot hutt, do misst Lëtzebuerg hei oder do maachen. Nee, do solle mir eis un d'europäesche Reegelen halen, déi elo ganz nei sinn, a mir sollen déi esou séier wéi méiglech ëmsetzen! An en fait si mir awer e Virreider an deem Domän gewiescht.

An dat war och eng Fro, déi kouw während den Debatten, dass een nach méi kloer soll weisen, wat fir eng Investissementer vum Staat nohalteg sinn.

Do si mir mam gudden Beispill virgaangen, andeem mer d'lescht Joer de Sustainability Bond vun 1,5 Milliarde gemaach hunn, wou e Reporting ass, dee sengesgläiche sicht an dee mer och der Commission des finances virgestallt hunn. Mir hu vun där 1,5 Milliard, déi mer d'lescht Joer geléint hunn, ongeféier d'Hallschent elo affektéiert an den éischte Rapport doriwwer gemaach. A mir krute vill Komplimenter gemaach, och vum Auditeur externe, dee mer do hunn, dee seet, dass dat do dee komplettste Reporting op esou engem Sustainable oder Green Bond ass, deen hie jee gesinn huet.

Et kann een et natierlech ëmmer nach besser maachen. Mee ech wëll lech soen, mir sinn op deem Wee vun de soutenabelen, vun den nohaltege Finanzen. An ech wënsche mer, dass mer dorop bleiwen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Finanzminister. Da Parole après ministre fir den Här Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten)**.- Jo, merci, Här President. De Minister huet mech ugeschwat an huet och iwwert d'Fro vun de grénge Fonge geschwat. En huet do op déi europäesch Taxonomie verwisen.

Do ass da meng Fro, an déi hunn ech gëschter opgeworf an ech hunn do net wierklech eng Äntwert drop kritt: Ass de Minister der Meenung, datt e Fong, dee 50 % a fossill oder nuklear Energie investéiert, gréng genuch ass, fir vun deem Taux réduit ze profitéieren?

An zweetens, wann d'Taxonomie op europäeschem Plang an deenen nächste Wochen oder Méint géif änneren, fir Nuklear an/oder Gas ze beinhalten, géifen déi Fongen, déi exklusiv zum Beispill an Nuklear géifen investéieren, och vun deenen 0,01 % Taxe d'abonnement profitéieren?

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances**.- Är éischt Fro, dat ass eng hypotheetesch Fro, wat ee géif maachen, wann e Fong géif zu 50 % a fossill Energien investéieren an zu 50 % am grénge Beräich. Majo, dat ass jo eng Contradictioun, contradictio in terminis. Also, do fannt Dir ni en Investisseur, do sidd Der an der Contradictioun! Dat ass also eng abstrakt Fro, déi sech menges Wëssens iwwerhaapt net gestallt huet.

Zur zweeter Fro hunn ech ganz kloer gesot, dass ech der Meenung sinn, mee dat ass hei meng perséinlech Meenung, dass nuklear Energie net nohalteg ass an net soll an der Taxonomie dra sinn. Elo waarde mer op d'Europäesch Kommissioun, wat si do seet.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Här Finanzminister. Da Parole après ministre fir den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV)**.- Merci, Här President. De Finanzminister hat mech och am Ufank perséinlech ugeschwat. Ech wëll em ganz kloer soen, dass mir eng fundamental Meenungsdivergenz hunn op engem Punkt.

Dir sidd ugetrueden an dunn hutt Dir gesot, am Numm vun der Regierung: „Mir maache mat manner méi!“ Ech stellen awer just fest, dass d'Leit ëmmer méi Steiere bezuelen an dass se de facto manner hunn. An ech soen lech ganz éierlech: Dat ass och d'Aufgab vun enger Oppositioun!

D'Gewerkschaften hunn dat bei der Tripartite gesot, wou „eng Nullnummer“ gesot gouf. An déi Chiffren, déi mech am meeschte frappéieren de Moment, dat sinn déi vun deene Leit, déi d'Enner um Enn vum Mount net zesumme kréien. An ech hu gëschter gesot: „D'Enn vum Mount ass bei villen net den 30., mee schonns de 15!“ An dann ass et an deem räiche Lëtzebuerg, wou Dir déi Finanzen hei als esou gutt an esou fest presentéiert, fir mech onverständlech, dass Persounen, déi eleng wunnen - an dat si 27 %, 27 % vun de Leit am Land, déi eleng wunnen -, d'Enner um Enn vum Mount net zesumme kréien.

Ee Kand à charge ... Jo, Dir kënn elo de Kapp rëseelen.

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances**.- Ech hu jo guer net doriwwer geschwat, Här Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV)**.- Jo dach, dat ass d'Fro, dat ass d'Fro vun der Steuerbelaaschtung vun de Leit a wat se doduerch net kréien. Eng Persoun, déi ee Kand à charge huet, e Monoparental - 33 %! -, ee vun dräi kritt d'Enner um Enn vum Mount net zesummen. An et ass nach méi dramatesch bei enger Persoun mat zwee oder méi Kanner: 58 % kréien d'Enner um Enn vum Mount net zesummen. An dat, soen ech, dat kënn just eleng doduerch, dass Dir Steieren ophieft an d'Leit net entlaascht.

Et kann net sinn, dass eng Persoun, déi 4.000 Euro brutto de Mount verdéngt - dat sinn der 3.300 netto -, dass déi fir all 100 Euro, déi se weider verdéngt, dem Staat Steiere plus Soziallaaschte fir iwwert d'Hallschent muss zrëckginn!

An ech schléissen domadder, dass Der gesot hutt: „Jo, de Kredit fir de bëllege Akt, wa mer deen 10.000 Euro an d'Luucht hiewen, kascht dat 90 Milliounen.“ Mee wéi en agefouert ginn ass, huet en am Verhältnis jo vill méi kascht. An zweetens: Dir gitt de Leit also manner, well net nëmmen d'TVA ass an d'Luucht gaangen, vu 14% op 17 % um Bau, och bei deene Leit, déi eng éischt Wunneng kafen, mee d'Präisdeierecht vun dem Wunnengsbau ass och nach mat anzerechnen.

Dat heescht, Dir belaauscht d'Leit ëmmer méi, an Dir sidd ugetrueden an Dir hutt ëmmer gesot: „Mir maache mat manner méi!“

An ech froen lech als lescht Amtshandlung, dass Dir der Finanzkommissioun vun der Chamber - nodeems dass dat aacht Joer ugekënnegt gouf an dass et an dem Regierungsprogramm vun 2018 drastoung, an dass Der gesot hutt, dass d'Leit, ob bestuet, gepacst, gekummert oder gescheet, alleguerten an där selwechter Steuerklass géife sinn a keen eppes verléiere géif, an no dräi Joer, mengen ech, därerf et den Usproch vun enger Oppositionspartei sinn, fir dat ze froen - zumindest den Avant-projet de loi virleet an dem Land sot, wat dat géif kaschten.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances**.- Merci, Här Roth. Also, d'Steierreform vun 2017 - Dir wëllt dat net wouerhuelen, mee mir hunn deemools Beispiller gerechent - huet bei verschiddene Fäll eng Erlichterung vun 1.000 Euro de Mount bruecht. A grad déi, fir déi Dir lech elo asetzt, déi soi-disant net Beneficiaire sinn, si grad déi, déi Steiererlichterunge kritt hunn. An da maacht Der jo d'Impasse drop vun all deene soziale Mesuren, déi mer geholl hunn. Ech hunn dat jo a menger Ried gesot vun der Kafkraaft, dat war jo elo net de Sujet. Also, et kann ee mat Steieren d'Problemer vun der Kafkraaft net léisen. An dofir soen ech: Mir hunn eppes Equilibriertes gemaach! Mir hunn eng Steuerreduktioun gemaach grad fir déi. Hätte mer, wéi Dir et x-mol hei proposéiert hutt, de Barème um d'Inflatioun adaptéiert, ma dann hätten déi Leit 50 oder 100 Euro an der Steuerreform kritt. Dat ass d'Realitéit.

An zur Kafkraaft - elo repetéieren ech net meng ganz Ried vu gëschter - hunn ech lech jo gesot, dass fir den Eenzelnen d'Kafkraaft an den dräi, véier leschte Joren eropgaangen ass, fir e Celibataire 4.000 Euro, fir e Monoparental 10.000 Euro a fir Famillje mat zwee Kanner 16.000 Euro. Dat ass d'Äntwert fir d'Leit, déi net kënnen hir Enner zesummekréien.

An zur Saach vun der Individualisatioun, déi steet de Moment net méi um Ordre du jour, ech hunn et ganz kloer gesot, wéinst der Pandemie.

Ech soen lech villmools Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Här Finanzminister. Dann nach Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Et ass u sech eng Fro, Här President, keng Parole après ministre. Ech wollt dem Här Minister Merci soe fir déi Kommentaren, déi en nach gemaach huet zu dem Tanktourismus. Mir sinn do anerer Meenung. Mee den Här Minister weess eis awer vläicht e bëssen ze erklären, wat senger Meenung no, senger Aschätzung no, den Impakt vun där Steierpolitik ass op de Logistiksektor.

Mir hate viru Joren hei e groussen Effort gemaach, ech mengen, dat war nach ënnert dem Wirtschaftsminister Krecké, wann ech mech gutt erënneren, do ass d'Logistik prioriséiert ginn als wirtschaftlech Diversifikatioun. Mir hunn am Süde vun Land grouss Infrastrukturen opgeriicht. Mir hunn eng ganz Rei Moosname geholl. Do war jo bekannt, datt notamment och zum Beispill de Camionsverkéier e wichtegt Element wär, wat natierlech och an d'Rentabilitéit vun esou Installatiounen erafléisst.

Wann een also elo eng Steierpolitik mécht, wou och den Differentiel fir den Diesel an esou weider zugonschte vun der Belsch ass, huet dat natierlech Implikatiounen op d'Rentabilitéit vun de Logistikentreprisen a vun de Logistikinfrastrukturen hei am Land.

Dofir wollt ech den Här Finanzminister froen, ob en do net awer e Punkt gesäit, wou mer eis schueden an eiser eegener Diversifizierungspolitik, déi mer déi lescht Joerzénge gemaach hunn, dat heescht, fir déi Saache kënnen um Liewen ze halen, souwuel déi vill Logistikentreprisen hei am Land, an och, fir dat ze rentabiliséieren, wat mer investéiert hunn an e wirtschaftlechen Zweig wéi d'Logistik mat all deenen Infrastrukturen. Wou ass dann de Punkt, wou mer ufänken, eis selwer am Wee ze stoe mat der CO<sub>2</sub>-Steier an anere Steieren, déi Der awer elo wëllt weider héijen?

Merci.

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances**.- Jo, merci, Här Kartheiser. Dir wësst et vläicht net, mee d'Logistik läit mir ganz um Härz. Ech hunn e Clus-





ter fir Logistics a menger viregter Aarbecht gegrennt, ech war och President vum Cluster fir Logistics. Ech kennen dee Sujet also ganz gutt.

An Dir hutt ganz Recht, dass Lëtzebuerg vill doranner investéiert huet an dat war och gutt esou. Mee ech mengen, Dir musst, a mir mussen eis all bewosst ginn, dass d'Camione muer all elektresch fueren. Déi fuere muer net méi mat Pëtrol.

■ **Une voix.**- Richteg!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Dat ass d'Äntwert op Är Fro. A Logistikbesoine wäerte mer natierlech ëmmer nach hunn. An et ass gutt, dass mer do gutt opgestallt sinn, dass mer esou en Zenter zu Beetebuerg hunn. An d'CO<sub>2</sub>-Steier ass jo och do, fir dee ganze Processus ze beschleunegen, dass et méi séier dozou kënn, dass an Zukunft de Gros vun de Camionen - an et gëtt der nach net genuch um Marché, do sinn ech ganz d'accord, mee dat kënn alles, also, et gëtt der schonn, mee se sinn nach deier -, souwéi vun den Autoe mat Elektresch bedriww sinn. An dat ass jo dat, wat mer gären hätten, déi Transitioun. An dofir ass et jo inevitabel, dass de Konsum vum Diesel a vum Bensinn erofgeet. Dat ass d'Politik vu ganz Europa, déi mir och hei ëmsetzen.

Meng Suerg a mäin Defi war an ass et, och fir mäi Successeur - et ass jo bal eng Milliard, déi mer do erakréien, wa mer alles rechnen, Bensinn, Diesel, den Alkohol, d'Zigaretten, déi do kaaft ginn -, dass dat nëmme lues a lues erofgeet, dass dat net e Lach am Budget mécht.

Dat ass eis bis elo gelongen an dat mécht mer Freed. Ech muss lech soen, dat ass eng Gratwanderung, an déi ass net einfach.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Finanzminister Pierre Gramegna. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

### 3. 7848 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2020

Ier mer zum Vott iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2022 an iwwert d'Programmation financière pluriannuelle kommen, musse mer nach fir d'éischt de Projet de loi 7848 iwwert de Compte général vum Exercice 2020 diskutéieren an doriwwer ofstëmmen. An duerfir géif ech d'Wuert un d'Madamm Rapportrice vum Projet de loi 7848, d'Madamm Diane Adehm, gi fir de Rapport. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

■ **Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut stëmme mir of iwwert d'Konte vum Joer 2020. 2020, e speziell Joer, e Joer, dat geprägt ass vun der Covidkris, e Joer, dat och geprägt ass vun engem Lockdown vun eiser Wirtschaft vun e puer Wochen, e Joer, an deem d'Wirtschaft mat ugezunner Handbrems gefuer ass, mee och e Joer, an deem ganz vill op den Teletravail zrëckgegraff gouf, wat méiglech war, well eis Wirtschaft zu engem groussen Deel op Servicer baséiert.

De PIB ass 2020 ëm 1,3 % zrëckgaangen am Verglach zu 2019. Bei der Opstellung vum Budget war d'Regierung awer nach vun engem Wuesstum vu plus 2,4 % ausgegangen. Am Budgetsprojekt, deen den 20. Dezember 2019 gestëmmt gouf, war en Defizit virgesi vu 682 Milliounen Euro, ouni Emprunten. Wéi dunnt d'Covidkris komm ass, huet d'Regierung eng Partie Mesuré getraff, fir den Impact vun der Kris op sanitärem, ekonomeschem a sozialem Plang esou geréng wéi nëmme méiglech ze halen. Dës Mesuré waren a verschiddene Gesetzer enthalen, an zwar haaptsächlech am Gesetz vum 24. Juli 2020, dat e Fonds de relance et de solidarité en place gesat huet, grad wéi e Régime d'aides en faveur de certaines entreprises.

D'Gesetz vum 15. Dezember 2020 huet dem Lëtzebuerger Staat et erlaabt, der Assurance maladie-maternité déi Gelder zrëckzebezuolen, déi am Kader vun der Covidkris virgestreckt goufen. Am Ganze waren 11,6 Milliarden Euro virgesinn, gebraucht goufen der schlussendlech 2,85.

Duerch dës Mesuré gouf den definitive Budget fir d'Joer 2020 ofgeännert an den Defizit ass eropgaangen op 1,1 Milliard Euro respektiv op 678 Milliounen Euro no den Emprunten.

Um Enn vum Joer 2020 hunn d'Staatskonten ofgeschloss mat engem Defizit vu ronn 3,8 Milliarden Euro respektiv 1,98 Milliarden Euro no den Emprunten, dat heescht, eng Neiverschëldung vum Staat vun 2 Milliarden Euro.

Här President, Dir frot lech elo bestëmmt, firwat ech esou op d'Finanzoperatiounen vum Staat gepocht hunn. Mee et ass fir ze weisen, dass d'Covidkris e groussen Impact op d'Finanzsituatioun vum Lëtzebuerger Staat huet. Fir der Covidkris gerecht ze ginn, goufen d'lescht Joer am Ganze 4 Milliarden Euro vum Staat geléint, dovunner goufen awer direkt 2 Milliarden Euro geholl, fir en Emprunt zrëckzebezu-

len. D'Nettoverschëldung vum Staat ass also ëm 2 Milliarden an d'Luucht gaangen, fir Enn 2020 bei 12,6 Milliarden Euro ze leien.

Des Weidere goufen am Juni 2020 Certificats de trésorerie erausginn, déi am Dezember 2020 zrëckbezuelt goufen. Fir komplett ze sinn, weisen ech drop hin, dass dës Certificats de trésorerie zu engem negativen Zënssaz geholl gi sinn, dat heescht, si hunn de Staat näischt kascht.

Kucke mir awer och eng kéier d'Einname vum Staat. Am definitive Budget waren 20,3 Milliarden Euro virgesinn. An de Staatskonte stinn um Enn 21 Milliarden Euro. Dëst erkläert sech duerch déi 2 Milliarden zousätzlechen Emprunt, déi de Staat opgeholl huet. Op där anerer Säit muss een awer och wëssen, dass d'Recettes courantes vum Staat 1,2 Milliarde méi déif si wéi virgesinn, an dëst ass haaptsächlech op d'Moins-Recetten an de Steieren zrëckzeféieren. Esou koumen um Niveau vun der Kierperschaftssteier 319 Milliounen manner era wéi virgesinn, um Niveau vun der Lounsteuer 295 Milliounen manner an um Niveau vun der TVA 278 Milliounen Euro manner, wéi am Budget fir d'Joer 2020 virgesi waren.

Komme mer zu den Dépensë vum Staat. Am definitive Budget waren dës op 21 Milliarden Euro geschat ginn. Um Enn vum Joer hunn d'Ausgabe sech op 23 Milliounen Euro belaf, also 2 Milliarden Euro méi, wéi der am Budget virgesi waren. Déi gréissten Differenz par rapport zum Budget kënn hei vun Fonds pour l'emploi, wou d'lescht Joer 800 Milliounen zousätzlech néideg waren, fir de Chômage partiel ze bezuelen.

Här President, de Gesetzesprojekt betreffend d'Staatskonte vun 2020 gouf den 29. Juni 2021 vun Finanzminister an der Chamber hannerluecht. Den Avis vum Staatsrot koom de 16. Juli 2021. Den 1. Oktober 2021 huet de Finanzminister der Budgets-kontrollkommissioun grad wéi der Budgets- a Finanzkommissioun d'Staatskonte vun 2020 virgestallt. De Rechnungshaff huet de 25. Oktober 2021 säi Rapport iwwert d'Staatskonten 2020 der Budgets-kontrollkommissioun virgestallt.

D'lescht Joer hate souwuel de Rechnungshaff wéi och d'Budgets-kontrollkommissioun als Recommendation geschriwwen, dass en detailléierte Suivi an eng Evaluatioun vun de Mesuren am Kader vun der Covidkris misste gemaach gi beim Depot vun de Staatskonten. An deem Sënn hat d'Madamm Octavie Modert och d'lescht Joer am Numm vun der Budgets-kontrollkommissioun eng Motioun deposéiert, fir d'Regierung opzufuerderen, genoe dës Suivi ze maachen. Dës Motioun gouf vun alle Parteien, déi hei an der Chamber vertruede sinn, matgedroen.

Mir stellen haut fest, dass de Finanzminister reegelméisseg an de Sitzunge vun der Budgets-kontrollkommissioun a vun der Budgets- a Finanzkommissioun genoe dës Suivi gemaach huet. Leider goufen dës Informatiounen awer net am Gesetzesprojekt iwwert d'Staatskonten opgefouert, obschonns dëst d'lescht Joer an der Motioun gefuerdert gouf. Deemno misste mir eis Recommendation dëst Joer vläicht nach eng kéier widderhuelen, Här Minister, fir dass Är Nofolgerin dann d'nächst Joer drun denkt, fir dat ze maachen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice.**- Betreffend eis laangjäreg Recommendation iwwert de Budget pour ordre stelle mir fest, dass d'Regierung hei ganz vill Efforten ënnerholl huet, fir den Des-equilibre am Budget pour ordre weesentlech ze reduzéieren.

Wat déi sougenannte „LOLF“ ugeet, ass zënter 2015 näischt méi an deem Dossier gemaach ginn. A mir wiere frou, wa mir eng kéier eng definitiv offiziell Positioun kréichen, dass déi och am Finanzministère net méi um Ordre du jour stéing, well dat géif et eis nämlech erlaben, fir déi definitiv och an eiser Kommissioun souzesoen ad acta ze leeën.

De Rechnungshaff huet wéi all Joer och d'Transferts de crédit analyséiert an huet an néng Fäll festgestallt, dass se net genuch justifiéiert wieren. Hei wier et gutt, wann de Ministère d'Reegele fir d'Transferts de crédit nach eng kéier géife rappeléiert ginn.

Och bei de Spezialfonge gouf et verschidde Changementer am Joer 2020. Esou gouf de Fonds de réserve pour la crise per modifizéiert Gesetz vum 20. Dezember 2019 an de Fonds de rééquilibrage budgétaire ëmgeännert. De Fonds spécial de soutien au développement du logement gouf per Gesetz vum 25. März 2020 geschaf. An duerch d'Gesetz vum 24. Juli 2020 gouf de Fonds de relance et de solidarité geschaf. D'Einname vun de Spezialfonge waren 1,39 Milliarde méi héich wéi am Budget virgesinn an d'Ausgabe waren 903 Milliounen méi héich wéi virgesinn. Zu de Spezialfongen ass ze bemerken, dass d'Presentatioun dovunner sech iwwert déi lescht Jore verbessert huet.

Als lescht Recommendation bleift nach ëmmer de Fait opstoen, dass net definitiv gekläert ass, ob d'Autorisatioun, déi an engem Budgetsjoer virge-

sinn ass, fir en Emprunt ze maachen, sech just op dat Kalennerjoer bezitt oder ob de Staat dës Autorisatioun ka vun engem Joer op dat anert mat weiderhuelen.

Als leschte Punkt wéilt ech nach op den Avis vum Staatsrot agoen. De Staatsrot huet nach eng kéier eng Analys vun de Staatskonte gemaach, mee hat ausser e puer kleng Verbesserunge keng Beanstandungen. Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Ofschléissend soen ech lech Merci fir d'No-lauschteren a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Rapportrice Diane Adehm.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Guy Arendt ageschriwwen. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Guy Arendt (DP).**- Merci, Här President. Merci och dem Diane Adehm fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, hei kann ee festhalen, dass eng ganz grouss Transparenz vun de Chiffere besteet, déi eis vum Finanzminister och ëmmer virgedroe gi sinn. Dat ass begreissenswäert. A mir kënnen dem État nëmmen zoustëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Arendt. An da wier et um honorabelen Här Dan Biancalana.

■ **M. Dan Biancalana (LSAP).**- Merci, Här President. Och ech soen am Numm vun der LSAP-Fraktioun der Madamm Adehm Merci fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech mengen, et kann ee ganz kloer hei erausliesen, dass 2020 en exzeptionellt Joer war. Dat refletéiert sech effektiv och um Niveau vun de Konten, déi mer virleien hunn, wëssend awer, mengen ech, dass d'Projektiounen anerer waren, wéi initial virgesinn, an den Ofschloss och en anere war, wéi initial projezéiert: méi positiv.

An deem Sënn, mengen ech, och säitens der LSAP-Fraktioun, ginn ech dann hei den Accord. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Biancalana. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Djuna Bernard.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- Merci, Här President. Och mir kënnen eis deem uschlëssen, wat gesot gouf. Villmools merci der honorabelen Diane Adehm fir hiren ausféierleche Rapport. A mir droen dëst mat. Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Bernard. An da ginn ech d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci. Just och vun eiser Säit e grouse Merci un d'Madamm Rapportrice. Ech mengen, et ass näischt derbäi ze soen. Mir stëmmen dat hei mat. Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Och vun eis e grouse Merci un d'Rapportrice. Et ass ëmmer eng interessant Aarbecht an der Kommissioun, fir sech dat heiten awer nach eng kéier ex post zu Gemitt ze féieren. Et ass sécherlech keen onnëtzen Exercice. An ech kéint mech deem Wunsch vun der Rapportrice uschlëssen, datt mer déi LOLF endlech géifen ad acta leeën kënnen, soudatt mer vläicht beim nächste Rapport net méi dovunner schwätze müssen. Mir wäerten et matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci, Här President. Ech fänken un, andeem ech der honorabelen Madamm Adehm Merci soe fir de Rapport, de mëndlechen an de schrëftlechen. Ech mengen, et ass seelen, dass e Budget a senger Exekutioun esou anescht ass wéi dat, wat virgesi war. Ech soen dofir och gären der Commission d'exécution du budget Merci fir e gewësst Versteesdemech fir déi Situatioun, déi awer ganz, ganz speziell ass an déi ënnermoolt, wat fir eng Efforte gemaach gi sinn, fir dat alles ofzefierderen, souwuel zu Lëtzebuerg wéi an all deenen anere Länner.

Ech mengen, déi zwou Kärzifferen, déi een hei muss an d'Vitriin stellen, sinn, dass mer 1,2 Milliarde manner Recettë kruten zum engen an dass mer 1,5 Milliarde méi Dépensen hunn. Dat gëtt och deen Defizit vun 2,7 Milliarden amplaz en Defizit vu 700 Milliounen, deen ugesat war, wou mer, wa keng Kris gewiescht wär, och no bei enger schwaarzer Null gewiescht wären.

Ech freeë mech, dass trotz där Situation exceptionnelle, déi war, mer dat budgets-méisseg esou prop-

per wéi méiglech konnte maachen - wéineg Kriticke vun der Cour des comptes, wat d'Argumentatiounen ubelaangt, wat d'Transferten ubelaangt. Ech mengen, dat si gutt Norichten.

Ech freeë mech och, dass mer am Rapprochement vun der Lëtzebuergescher Kontabilitéit vum Gesetz vun 1999 eis ëmmer méi unnäeren un de Système européen de comptabilité vun Europa. Deen Ënnerscheed ass elo relativ kleng, dee war virdu vill méi grouss. Mir stoussen elo awer bal op d'Limitten, wéi een et ka komplett gläichmaachen. Mee elo liese sech déi Zuele vun deenen zwee Systemer awer ganz gutt en parallèle.

Zum Schluss géif ech lech dann op Är Froen äntwerten. Also, effektiv hu mer mat ganz vill Akribie, an dat war ganz normal, lech alleguerten d'Mesuré geschéckt, mee mir hunn en fait kee Resümee oder en fait kee Bilan gezunn. Ech mengen, ech froe meng Ekipp, si sollen dat no-schéisse fir d'lescht Joer an da soll et och d'nächst Joer net vergiess ginn, enfin fir d'Joer 2020 gemaach ginn. Mee ech fannen, et wär normal a richteg, dass mer lech dat da schécken. Dir kritt dat dann.

Beim Budget pour ordre hu mer och vill Efforte gemaach, dat ass jo och gesot ginn, an dofir merci. Zur LOLF soen ech lech ganz kloer: Dir kënn dat begreuen! Ech mengen, ech hat et awer schonn d'lescht Joer gesot, mee ech hat et vläicht ze vill verschnörkelt gesot. Da soen ech et elo haut ganz kloer: Dat kënn mer eis spueren!

An da wollt ech iwwert d'Autorisatiounen vun den Emprunte soen, dass säit 2015 oder 2016 am Gesetz selwer steet, dass déi Emprunte kënnen gemaach ginn a gezu ginn am Joer selwer oder am Futur. D'Onsécherheet besteet nëmme fir déi Period virdrun, wou dat net spezifiéiert ginn ass.

Elo kann ee soen: Dann hu mer nach een, zwee Emprunten, wou et net kloer ass, mee ech mengen, säit 2015 oder 2016 ... D'nächst Joer kritt d'Regierung d'Autorisatioun, vun esou ville Montante kënnen Emprunten ze maachen, an deen Emprunt ka gemaach ginn an deem Joer selwer oder e bësse méi spéit oder méi spéit. An déi Flexibilitéit brauch d'Regierung och, dat hu mer natierlech an dëser Kris gesi vum leschte Joer.

Mee et ass och esou, dass mer versichen ze optimiséieren - wann Der mer nach just eng Minutt gitt -, ze optimiséieren, wéini mer rembourséieren. Et kann ee wielen, dass ee sechs Méint oder néng Méint virdrun den Emprunt rembourséiert, well d'Situatioun op de Marché gutt ass. Och dofir brauch een eng gewësse Flexibilitéit. A mir ginn och un - an dat ass och eng Neierung, säit zwee, dräi Joer, mengen ech -, wa mer d'Autorisatioun fir dat Joer duerno froen, dass mer d'Distinction maachen tëschent Emprunten, déi gemaach ginn, fir aner al Emprunten ze rembourséieren, an Emprunten, déi do sinn, fir den Defizit vum lafende Joer ze decken. Déi Distinction maache mer och.

Mir hu vill méi Transparenz, wéi mer der jee haten, an ech mengen, dass am Fong geholl keng richteg grouss Problematik méi besteet.

Zum Schluss, ech ginn dervunner aus, dass dat hei elo wierklech fir d'lescht ass, wou ech schwätzen, géif ech gären, Här President, ...

■ **Une voix.**- D'Motiounen kommen nach.

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, d'Motiounen kommen, mee do wäert ech näischt driwwer soen. Hei um Pult wollt ech mengen Ekippen am Finanzministère e grouse Merci soen, an och der Inspection générale des finances; den Direkter ass och hei. Ech soen em Merci fir déi phenomenal Aarbecht, déi souwuel am Ministère wéi an der IGF iwwer all déi Jore gemaach ginn ass, apaart d'lescht Joer.

Ech krut, ech kann dat jo hei soen, oft Komplimenten gemaach, dass ech esou didaktesch an esou kloer wär. Mee dat ass Äre Meritt! Wann Dir mer d'Saachen net uerdentlech erkläert hätt oder nach d'Dokumenten net ginn hätt, dann hätt ech dat net kënnen sinn. Iech am Numm vun all deenen aneren e grouse Merci!

#### (Applaudissements)

Ech géif och gären zum Ofschloss den Administratiounen, déi dem Finanzminister ënnerstinn, e grouse Merci soen. Si maachen eng phenomenal Aarbecht: d'Steierverwaltung, den Enregistrement - ech nenne se, wéi mir se am geleefeschsten nennen -, d'Douane an de Kadaster. Ech hunn déi iwwert déi lescht Joren all ganz gutt kennegeleiert. Déi schaffe wonnerbar.

Wann ech mam Ausland vergläichen, wat fir eng Schwierigkeete se hunn, fir Steieren eranzezéien, a wéi dat zu Lëtzebuerg funktionéiert, ass et ganz remarkabel. Ech wëll hinne vun hei aus e grouse Merci ausschwätzen an hinne soen, dass et eng Freed war, mat hinnen zesummenzeschaffen.

An zu gudder Lescht, Här President, géif ech gären der Ekipp vun der Chamber, déi och hei vertrueden ass, e grouse Merci soe fir all déi Joren. Ech





weess, ech war e bëssen e komplizéierte Fall fir eng Saach: Dat waren all meng Diae bei menge Rieden, well dat komplizéiert ass an dat war vun Ufank un net richtig geplangt. An do hutt Der mis-sen Akrobatië maachen. Och dofir e grouse Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Finanzminister Pierre Gramegna. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7848. Den Text steet am Document parlementaire 7848<sup>3</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7848 et dis-pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zu dem Vote par procuration.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, bei mir geet et net.

■ **Plusieurs voix.**- O!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- O!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Well een mech gehackt huet!

**(Hilarité)**

Elo wollt ech lech ...

**(Brouhaha)**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- De Vott ass ofge-schloss.

De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun ugeholl. Dat heescht, ech huelen un, datt dat sech nach no uewe wäert verbesseren.

**(Hilarité)**

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7848 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. François Benoy), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

#### **4. 7878 - Projet de loi concernant le bud-get des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 [...]**

#### **7879 - Projet de loi relative à la program-mation financière pluriannuelle pour la pé-riode 2021-2025 (suite)**

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2022, de Projet de loi 7878. Den Text steet am Document parlementaire 7878<sup>16</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7878 et dis-pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zu dem Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 31 Jo-Stëmme géint 29 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Paul Schaaf), Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Pro-grammation financière pluriannuelle, de Projet de loi 7879. Den Text steet am Document parlemen-taire 7879<sup>13</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7879 et dis-pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un.

■ **Une voix.**- Oui!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Mir kommen elo zu dem Vote par procuration. De Vott ass heimat ofge-schloss.

An och dëse Projet ass bei 31 Jo-Stëmme géint 29 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

#### **Motions**

Da kéime mer zur Diskussioun respektiv dem Vott vun de Motiounen, déi am Kader vun de Budgetsde-batt deposéiert gi sinn.

#### **Motion 1**

Fänke mer u mat der Motioun Nummer 1 vun der ADR, wou et drëm geet, fir d'Käschte fir d'Wunnen a fir d'Energie an den Indexwuerekuerf mat opzehue-len. Freet nach een d'Wuert zu dëser Motioun? Den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Merci fir d'Wuert, Här Pre-sident. Ech stelle fest, dass d'Regierung opgefuer-dert gëtt, d'Käschte fir d'Wunneng a fir d'Energie op eng realistesch Manéier an den Indexwuerekuerf mat opzehuelen. Da ginn ech dervun aus, dass d'ADR der Meenung ass, dass et am Moment net realistesch ass, wéi et am Wuerekuerf ass a wéi et och vum Statec verrechent gëtt.

D'Energie ass schonn am Wuerekuerf - an dat ass e puermol ugeklongen -, well déi Indexranche, déi elo erfall ass, ass eebe grad duerch d'Energiepräisser erfall! Dofir - wéi soll ech soen? -, ech sinn elo e bësse verwonnert, wann hei gesot gëtt, d'Energie misst an de Wuerekuerf kommen, obscho se dran ass.

Och d'Wunnen ass am Wuerekuerf. Do gëtt et eng Rei Hëllef. TVA-Logement ass eng, d'Aide au loyer ass eng.

Ech wollt lech awer soen, an ech soen dem André Bauler Merci, dass e mer déi Zuelen erausgesicht huet: De Logement, d'Waasser, d'Elektrescht an de Brennes, déi sinn zu 12,3 % am Wuerekuerf vertrue-den. Den Ameublement, d'Ekipementer an den Entretien dovunner sinn zu 10,5 % am Wuerekuerf vertrueden.

Ech mengen, dass mir déi heite Motioun net kënnen unhuelen. Dat wäert ech op alle Fall menger Frak-tioun proposéieren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Da kënnen mer zum Vott ...

**(Interruption par M. Fernand Kartheiser)**

Nee, den Här Kartheiser als Auteur freet nach d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo merci, Här Pre-sident. Ech wollt just soen, ech wëll lech e bëssen iwwer d'Geschicht vun der Motioun schwätzen a meng Gefiller dobäi, ...

**(Brouhaha)**

... well ech hat mech e bëssen ...

■ **Plusieurs voix.**- O!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, jo, et ass eng ganz emotional Saach gewiescht, wësst Der, well ech hat mech e bësse genéiert. Ech wollt d'Kol-leege vun der LSAP net a Verleeënheet bréngen, well den Ursprung vun der Fuerderung ass beim OGB-L. An dofir hat ech geduecht elo, d'LSAP géif hei wéi ee Mann oder eng Fra - ech weess net, wéi een dat haut genee ausdréckt - opstoen a soen: „Ma, dat doten ass eng gewerkschaftlech Fuer-derung, déi eis ganz no um Häerz läit! Dat änner-stëtze mir an där Formulierung.“

Ech stelle fest, dat ass elo net de Fall. Mee bon, mir bekennen eis op jidde Fall heizou, inklusiv der Kuelendioxidsteier an anere Facteure vun Energie a Logement, déi mer gär an dësem Index hätten.

Ech huelen zur Kenntnis, datt et dës Kéier dann nach net geet. Villmools merci.

■ **Une voix.**- Wann et schonn dran ass, dann ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. Da kënnen mer zur Ofstëmmung vun dëser Motioun kommen.

**(Interruptions)**

#### **Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un.

■ **Plusieurs voix.**- Non!

■ **Plusieurs autres voix.**- Oui!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 25 Jo-Stëmme géint 32 Nee-Stëmmen ofgeleent. Mir müssen dat korrigéieren.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 27 voix pour et 33 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

#### **Motion 2**

Da komme mer zur Motioun Nummer 2. Do geet et am Fong geholl drëm fir ze fuerderen, datt d'Regie-rung soll am Joer 2022 fir d'Budgetsjoer 2023 een ausgeglachene Budget an der Administration cen-trale virleeën. Wie freet d'Wuert zu dëser Motioun? Den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Merci. Ech mengen, vun dëser Säit hei ass gëschter vun all de Riedner gesot ginn, dass mer wëlle weider massiv investéieren, dass mer keng Austeritéitspolitik wëlle maachen.

Mir setzen op Investissementer, mir setzen och op Wuesstum. Dat garantéiert eis a generéiert nei Recetten. Dat féiert awer och derzou, dass Leit, déi elo keng Aarbecht hunn, eng Aarbecht kréien.

Also ech weess elo wierklech net, wat ech heimad-der soll maachen. Well d'Leit, déi eng Aarbecht hunn, dass déi se behalen ... Den ausgeglachene Budget an och op nei Scholde verzichten ass net onbedéngt wierklech déi absolutt Premiss. Mee d'Premiss ass, dass eis Betriber dréien. D'Premiss ass, dass eis Ekonomie dréit. D'Premiss ass, dass eis Leit eng Aarbecht hunn. An dofir wäert ech menger Fraktioun proposéieren, déi heiten och net matzedroen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Baum.

Da kënnen mer och zum Vott vun dëser Motioun kommen.

#### **Vote sur la motion 2**

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Diane Adehm), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

#### **Motion 3**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3, wou gefrot gëtt, fir grousszügig finanziell Hëllef fir Liewens-schutzorganisationen am Staatsbudget ze ver-ankeren. Den Här Gilles Baum direkt.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Ech wollt soen, dass déi Organisationen elo schonn ännerstëtzt ginn an dass mir och elo net wierklech gesinn, firwat mer hei sollten ee bevorzuge par rapport zum aneren. Mir wëllen hei keng Extrawurschte broden. An dofir proposéieren ech menger Fraktioun, och déi heiten net matzedroen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Baum. Da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Martine Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Jo, merci, Här Pre-sident. Ech wollt froen, ob mer se net kéinten an d'Kommissioun kréien, fir eng Transparenz vun deenen Organisationen ze kréien u sech, déi Bähëllef kréien. Ech hat dat nämlech och gefrot beim Environnement. Do hu mer et och nach net kritt: Wéi eng Veräiner ginn do ännerstëtzt, aner net?

An hei steet dran, déi eng géife kaum vum Staat ännerstëtzt ginn a si hätten elo gär eng grousszü-geg finanziell Hëllef. Also, ech weess net, wat „kaum“ heescht, ech weess och net, wat „grousszü-geg“ heescht. An ech weess virun allem net: Wéi eng Organisationen ginn ännerstëtzt a wéi eng kréie wéi vill?

Duerfir wäi meng Propos, ob mer se net kéinten an d'Kommissioun kréien. Wann dat net de Fall ass, dann enthalte mer eis heibäi.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hansen. Ass nach eng Wuertmeldung do? Den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo merci, Här Pre-sident. Dat heiten ass jo eng Motioun, wou ee vill derzou soe kann. Ech fannen, de Gilles Baum huet et gutt resuméiert. Mee dat Wichtigst ass vläicht: Wann een esou eppes géif stëmmen, da muss een et jo awer ganz konsequent soen an da muss een och fir déi psychologesch Ännerstëtzung vun deene Leit antrieden, déi vläicht e Bëbee verluer hunn, e Kand verluer hunn, an och fir déi antrieden, déi sech





vläicht bewosst entscheeden, fir eebe kee Kand op d'Welt ze setzen.

Ech mengen, datt et hei net zu enger Ongläichbehandlung zwëschent deenen Organisatioune muss kommen. Mee wann hei ee fuerdert, fir sougenannt „Liewensschutzorganisatioune“ méi staark ze subventionéieren, da muss een och konsequent sinn an all déi subventionéieren, déi den Accès zur Verhütung méi einfach maachen, déi et méi einfach maachen, fir eng ongewollte Schwangerschaft kënnen ze terminéieren, wat sécherlech psychologesch nach méi schwéier ass, an all deenen hëllefen, Här President, déi e Puppelche verluer hunn. Well ech mengen, dat sinn déi, déi am schwéierste getraff sinn.

An déi heite Motioun, fannen ech domadder, muss kloer rejetéiert ginn, well se hei nëmmen eesäiteg formuléiert ass a grad deene Leit, déi nach vill méi leiden, net hëllef wëllt. An ech fannen dat drama-tesch.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. An da geet d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Merci, Här President. Ech wollt just soen, datt mer déi Iddi vun der Madamm Hansen kënnen ënnerstëtzen, fir dat an der Kommissioun eng Kéier ze diskutéieren. Ech mengen, et wär effektiv interessant, den Här Baum huet eis jo gesot, et géif scho vill gemaach ginn an esou weider, fir datt mer dann der Regierung och d'Geleëenheet ginn, dat ze détailléieren.

Wat dem Här Clement seng Interventioun ugeet, wollt ech just soen, datt vill vun deenen Organisatiounen ... ben, et gött der net esou vill, mee et sinn der awer eng Partie, déi awer och deene Mammen hëllefen, déi e Kand verluer hunn oder déi en Avortement gemaach hunn an déi duerno domadder hir Schwieregkeeten hunn. Dat gehéiert eigentlech och zu deem normalen Angebot vun esou Organisatiounen, soudatt ech do eigentlech net elo de Problem gesinn.

Mee ech géif och dat ënnerstëtzen, wat d'Madamm Hansen gesot huet, wann dann d'Kolleege vun der Regierungsparteien dat och kéinten akzeptéieren, datt mer awer kéinten an der Kommissioun eng Kéier driwwer diskutéieren. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Kartheiser. Da kënnen mer zum Vott vun där Motioun kommen.

■ **Plusieurs voix**.- Non!

**Vote sur la motion 3**

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmmen, 34 Nee-Stëm-men an 21 Abstentiounen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 3 est rejetée par 4 voix pour, 35 voix contre et 21 abstentions.*

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.*

**Motion 4**

Da komme mer zur Motioun Nummer 4, wou et drëm geet, eng Gesetzesännerung op de Wee ze bréngen, fir datt d'Wittleit zukünftig dauerhaft an der Steuerklass 2 kënnen verbleiwen. Wie wëllt nach heizou d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (*DP*)**.- Merci fir d'Wuert, Här President. Et geet effektiv hei drëm, dass d'Wittleit an der Steuerklass 2 solle kënnen verbleiwen an net no dräi Joer an d'1A falen. Ech verweisen hei - ech

wäert dat och bei deenen nächste Punkte maachen - op deen Debat, dee mer wäerten hei an der Chamber hunn. Do kann all Partei sech expriméieren. An ech fannen et elo net wierklech sënnvoll, wa jiddwereen elo kënnt mat enger ... jiddweree leet elo hei ... Mir sinn zu 60, et ass bestëmmt jiddwereen, deen hei eng Mesure kann op den Dësch leeën.

Ech mengen, mir sollten eis am Kader vun deem Debat e Gesamtkonzept ginn, wéi mer eis Steuerlandschaft kënnen oder wëllen ëmstellen. A mir mussen dann och, mengen ech, wëssen, wat dat alles kascht. Et ka jo och sinn, dass mer Proposen op den Dësch kréien, déi Sue generéiere fir de Staat. Mee ech ginn dervun aus, dass déi meescht Proposen, déi wäerte kommen, wäerten an de Staatssäckelche gräifen. Wéi gesot, kommt, mir waarden deen doten Debat of!

Wann ech richteg informéiert sinn, ass och eng Petitioun ënnerwee zu deem heiten Theema. Ech géif de Kolleege vun der ADR un d'Häerz leeën, sech net ze vill op d'Petitiounen ze fokusséieren, ...

**(Hilarité)**

... well déi lescht, dat huet lech net wierklech vill gehollef.

**(Hilarité)**

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Baum. An da freet d'Madamm Nathalie Oberweis d'Wuert.

**(Interruptions)**

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- Dir wäert awer verléieren.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Jo, villmools merci. Effektiv, et hunn der vill et gëschter uklénge gelooss, dass mer eng Steuerreform brauchen a mir sollen et net eréischt an dräi, véier Joer maachen. Dofir, ech sinn eigentlech averstanen, dass mer e Gesamtkonzept brauchen, mee net an zéng Joer an net a fënnef Joer. Mir brauchen effektiv haut eppes! Mir schwätze säit Joren dovunner.

**(Interruption)**

Och net an dräi, véier Joer! Mir brauche wierklech haut eppes.

**(Brouhaha)**

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.- Am Fréijoer!

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Am Fréijoer ... Ech weess, dass am Fréijoer eng Debatt kënnt.

**(Interruptions)**

Ech weess, dass am Fréijoer eng Debatt kënnt, mee da kënnt nach keng Steuerreform, obwuel déi scho viru Jore versprach gouf.

**(Interruption)**

Dofir, eigentlech sinn ech averstanen, dass dat Gesamtkonzept soll kommen. Ech sinn awer och averstanen, wann et net kënnt, dass mer punktuell Léisunge sollen op den Dësch bréngen. Mee mir mussen awer trotzdem soen, dass mer heimadder net averstane sinn. Well ech mengen, dass hei eng Kategorie vu Leit bevurzuugt gött a mer trotzdem mengen: Wann een dat mécht, dann dierf ee keng nei Ongerechtegkeete schafen. Mir sinn also net domat averstanen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Oberweis. Da geet d'Wuert weider un den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (*CSV*)**.- Merci, Här President. Ech géif proposéieren, dass dës Motioun an déi hannen-drun, do geet et nämlech ëm dat selwecht - hei ass jo fir d'Wittleit, dass déi dauerhaft an der Steuerklass 2 sollte bleiwen, an dat selwecht zielt herno fir d'Monoparentalen -, dass een déi zwou Motiounen awer elo an d'Kommissioun verweist an net waart, bis dass en Debat d'orientation do ass.

Well wa mer déi nämlech an der Kommissioun hätten ...

**(Brouhaha)**

Jo, jo, ech weess, dass Der dat do net wëllt, well Der kee Konzept hutt.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

**(Exclamations)**

■ **Une voix**.- Mir hu jo den Debat an der Kommissioun.

**(Interruptions diverses)**

■ **M. Gilles Roth (*CSV*)**.- Also, jo, mir hu gesot, dass mer transitoresch, well Dir diskutéiert schonn ...

**(Interruptions)**

Wannechgelift! Här President ...

Dir diskutéiert schonn aacht Joer doriwwer. Dir maacht de Leit Versprieche an bis elo hutt Der Äert Haaptwalversprieche aus dem Koalitiounsaccord net agehalen.

■ **Une voix**.- Richteg!

■ **M. Gilles Roth (*CSV*)**.- Fir dass ee kann an engem Débat d'orientation fundéiert driwwer diskutéieren, muss een och déi eenzel Optiounen gesinn, muss ee gesinn, wat déi eenzel Optiounen kaschten a wat déi eenzel Optiounen bréngen. Duerfir hätte mir gären en Echange mat der Steierverwaltung iwwert deen heite Punkt.

A mir hätten da gär - an ech widderhuelen et nach eng Kéier - déi grouss Fuerderung, déi Der an Ärer Regierungserklärung ugestallt hutt 2018, dass de Finanzminister oder déi zukünftig Finanzministerin, dass déi dann der Kommissioun den Avant-projet de loi ënnerbreet, wou all Mensch, ob e gescheet, bestuet, gepacst oder gekummert ass, ob e Wittmann oder Wittfra ass an der Steuerklass 2 - ouni Verloschter fir iergendeent! - ka bleiwen.

Dat ass dat, wat mer fuerderen. Mir wäerten eis och net ginn a mir wäerte bei där éischter Finanzkommissioun an dem Januar déi Fuerderung och stellen.

Duerfir géif ech proposéieren, dass een déi zwou Motiounen hei an d'Finanzkommissioun géif verderleeden. Well wann een de Problem net wëllt esquivéieren, da kann een net dergéint sinn, fir dass dat an enger Finanzkommissioun diskutéiert gött.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Roth. Da geet d'Wuert weider un den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Jo, merci, Här President. Dat heiten ass eng Kärfuerderung, déi mir scho méi laang stellen. Dofir kënnen mer déi Motioun hei och einfach matstëmmen.

Ech ka mech awer och deem uschlëissen, falls dat dann derzou féiert, datt et an deem Dossier e bësse méi séier weidergeet, datt mer et an der Kommissioun nach eng Kéier behandelen. Ech wëll awer drop hiweisen, datt dat heite jo wierklech eng punktuell Modifikatioun ass, déi e puer Leit, an domadder och net eng grouss Majoritéit vun de Leit, betrëfft.

Ech gesinn et och anescht wéi de Gilles Roth, dee seet, datt déi heiten an déi nächst Motioun u sech dat nämmlecht wäeren. Ech mengen, datt et do schonn en netten Ënnerscheed gött. Dat heiten ass eng direkt Ännerung fir Wittfraen a Wittmänner, déi haut no dräi Joer an d'Steierklass 1A zrëckfalen a wou eeben hei d'Propos gemaach gött, datt eng Gesetzesännerung sollt op de Wee bruecht ginn.

Bon, elo kéint een natierlech kritiséieren, datt d'ADR och eng Gesetzesännerungspropos hätt kënnen deposéieren an déi dann hire Wee gaange wär. Dat ass, mengen ech, deen eenzege Kritikpunkt, deen ech un där heiter Motioun géif gëlle loosse.

Fir eis Piraten ass op alle Fall kloer: Mir kënnen déi matstëmmen. A wa se sollt an d'Kommissioun goen, si mir och frou doriwwer, datt do en Debat entsteet. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. An da geet d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Motioun, den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Jo, merci, Här President. Dem Här Roth seng Proposition, déi och vum Här Clement ënnerstëtzt ginn ass, fir an der Kommissioun doriwwer ze schwätzen, ass a mengen Aen eng ganz gutt. Ech weess elo net, ob d'Regierungskoalitioun op dee Wee wëllt goen.

Mee ech wéilt awer och dem Här Baum soen, datt seng Interventioun mech, wéi esou dacks, interpelléiert huet. Et gött Ënnerscheeder tëschent DP an ADR! An eng dovun ass d'Astellung ...

**(Brouhaha général)**

**(Interruptions par M. Gilles Baum)**

Här Baum, waart nach, well ech wollt dat nach e bësse preziséieren!

**(Interruption)**

Ech wollt dat nach preziséieren, Här Baum.

Ee vun deenen Ënnerscheeder ass d'Astellung zum Plagiat.

■ **Plusieurs voix**.- O!

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Dofir wollt ech lech soen, datt déi Iddi, fir eng Petitioun zu engem Ofstëmmungsinstrument ze maachen, keng vun der ADR war. Dofir hu mer och net verluer, well et war net eis Iddi.

■ **M. Gilles Baum (*DP*)**.- Dir hutt verluer!

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Nee, nee.

■ **M. Gilles Baum (*DP*)**.- ... am Kommissiounssall doiwwer ...

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Déi eenzeg, déi mat Ären Texter verléieren, dat sinn d'Lëtzebuurger allgemeng. Dat deet eis schrecklech Leed.

**(Interruptions diverses)**

Mee op jidde Fall, fir lech ze soen, datt et eeben Ënnerscheeder gött. A mir komme warscheinlech nach an nächster Zukunft op deen dote speziellen

Ënnerscheed, deen ech elo ugeschwat hunn, in extenso ze schwätzen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Kartheiser. Ech mengen, da kënnen mer zum Vott vun der Motioun Nummer 4 kommen.

**Vote sur la motion 4**

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer esou lues bei de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 6 Jo-Stëmmen, 33 Nee-Stëm-men an 21 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.*

**Motion 5**

Da komme mer zur Motioun Nummer 5, wou et bal dat selwecht ass, just datt et dës Kéier ëm déi elengerzéiend Familljen direkt geet. Wëllt nach een d'Wuert zu där Motioun ergräifen? Den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (*DP*)**.- Merci, ech sinn och interpelléiert, an zwar vun der Ausso vum Här Roth vu virdrun, wou en eis seet, mir hätten aacht Joer Zäit gehat, fir eng Steuerreform ze maachen. Ech erënnern drun, dass 2017 eng gemaach ginn ass.

■ **M. Gilles Roth (*CSV*)**.- Jo.

■ **M. Gilles Baum (*DP*)**.- Ech hunn et gëschter gesot. Et ass widderholl ginn, mengen ech, vu bal alle Riedner, ...

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (*DP*)**.- ... an dass grad do dat klengt a mëttelt Akommes entlaascht ginn ass. Jo! Ech wëll elo net aushuelen op dat, wat ech gëschter gesot hunn. Mir sinn och elo nach ëmmer der Meinung, a mir géifen dat och gäre maachen, dass mer eng Steuerreform maachen, wou et egal ass, ob ee bestuet ass, ob ee Wittmann ass, ob ee gepacst ass, ob een elengerzéiend ass. Dat wëlle mer nach ëmmer maachen!

Ech hunn lech awer gëschter och douewen um Pult ganz kloer gesot, wat déi Kris hei bedeit huet, an zwar: De Chômage partiel, de Congé pour raisons familiales, d'AVC an d'Direkthëllef, déi ausbezueht gi sinn un d'Betriber, sinn 2 Milliarden. An déi 2 Milliarden hu mir net virgesi gehat, well mer jo net woussten, dass déi Kris hei géif kommen. Déi 2 Milliarden hate mer net virgesinn, well de Coronavirus och net am Koalitiounsaccord stoung.

Ech wëll dat hei nach eng Kéier ganz kloer soen. Dat sinn déi Suen, déi mer hätte kënnen huelen, fir déi Steuerreform ze stemmen. An déi Sue sinn einfach am Moment net do!

An der Opposition kann een dat natierlech elo fuerderen. Dat ass legitim. Ech wëll lech ganz kloer soen, dass déi dote Sue feelen, fir déi Steuerreform ze maachen.

**(Interruption)**

An der Motioun hätt d'ADR gären den direkte Reklassement vun den Elengerzéienden an d'Klass 2 an e Crédit d'impôt: 2.500. Dat gött jo da gestreet. Ech wëll soen, dass de Crédit d'impôt monoparental am Moment gestaffelt ass. Dat geet vu 1.500 bei deenen ënneschte Steiertranché bis erop op 750 Euro, wann ee bis 105.000 Euro brutto huet. Ech mengen, dat ass substanzuell.

Elo gött gesot: „Jiddweree kritt 2.500 Euro.“ Dat heescht, och déi Leit, déi ganz uewe scho leien, sollen 2.500 Euro kréien. Wann elo hei eng gewësse sozial Selektivitéit dragestanen hätt, dann hätt ech mech vläicht kënnen heimadder ufrënnen. Ass et awer net. An ech muss soen: Wa mer de Leit wëllen hëllefen, da solle mer deenen hëllefen, déi et wierk-





lech brauchen. Da solle mer ennen eppes bäginn. Mir müssen net onbedéngt uewe mat der Strenz driwwerfueren.

Ech wëll lech just ofschléissend dat selwecht wéi virdrun soen: keng Héftschëss! Mir sollen elo näischt iwwert de Knéi brieche. Et gëtt eng Rei Hëllef. Et gëtt och eng Rei Hëllef fir d'Monoparentallen. Dat sinn och déi, déi 2017 speziell entlaascht gi sinn. Déi kommen och an de Genoss vun all deene Leeschtungen - sief dat d'Maisons relais, d'gratis Schoulbicher.

Déi kommen och do an de Genoss dovunner. Dat gëtt ganz oft vergiess. Ech weess net, wéi een déi Saachen och einfach ausklammere kann - einfach ausklammern! - a senge Fuerderungen! Ech fanne, dat ass einfach onfair. An dofir, d'selwecht wéi bei där Motioun virdrun, proposéieren ech menger Fraktioun, déi heiten ofzeleenen, en attendant dass mer eis e Gesamtbild kënnen maachen an deem Debat, dee mer am Fréijoer wäerten hei organiséieren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. An de Mikro ass elo op fir den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Wann ech mat där éischter Fuerderung nach averstane ka sinn, da kann ech mat där zweeter net averstane sinn. Et ass, wéi de Gilles Baum et richteg seet: Et ass mat der Géisskan eng Kéier iwwert d'Land gefuer. Et sinn 2.500 Euro, souguer fir déi Leit, déi 50.000 Euro de Mount verdéngen. An do kann ech net mat engem soziale Gewëssen dat matdroen.

Mir hunn dofir iwwregens eng änlech Motioun fir deen zweete Punkt, dat ass d'Motioun 10, iwwert déi mer herno nach wäerte schwätzen, wou et méi selektiv ass, wou mer just eng Reindexéierung fuerderen. Ech mengen, dass dat eng méi rasonabel Approche dozou ass, wéi hei einfach elo e Montant dranzeschreiwen, deen da souwisou an e puer Joer erëm misst geännert ginn.

Ech si kee grouse Frënd vu feste Montanten, déi mer iergendwou draschreiwen. Ech sinn der Meinung: Mir hunn zu Lëtzebuerg en Indexsystem a mir sollten deen Indexsystem dann och iwwerall do asetzen, wou et ëm Leeschtunge geet. Well dee Moment géife mer net nëmmen den Index stäerken als Instrument vum Inflationausgläich, mee virun allem géife mer eis erspueren, reegelméisseg all Joer bei de Budgetsdebatten erëm mat iergendwelleche fixe Montanten ze kommen, déi mer dann entweder e bëssen iwwert dem Inflationausgläich usetzen, well mer eis jo e bësse Loft wëlle ginn, oder ënnert dem Inflationausgläich, well mer awer iergendwéi wëllen erëm bäikommen.

Also, deen éischte Punkt ass mer immens sympathesch. Dee stoung bei eis am Walprogramm. Dat géif ech muer gären ëmsetzen, wa mer kéinten. Den zweete Punkt kënnen mer esou net matdroen. An dofir musse mer eis bei där Motioun leider enthalten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. An da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).** - Jo, ech wëlt just ganz kuerz soen, dass mer déi heiten net matdroen, well mer déi vun de Piraten och eebe besser fannen an déi wäerte matdroen. Dat heescht, dat mécht, just fir dat ze erklären, de Choix. Mir entschëllegen eis dofir. Och merci trotzdem fir all déi Motiounen. Ech mengen, et muss ee jo awer deen Effort gesinn, mee mir kënnen dat net matdroen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Oberweis. An dann, mengen ech, kënnen mer zum Vott vun der Motioun Nummer 5 kommen.

#### Vote sur la motion 5

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer esou lues zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme, 35 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : MM. Aly Kaes et Marc Spautz ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

#### Motion 6

Da komme mer zur Motioun Nummer 6, wou gefrot gëtt, fir d'Joer 2022 een Zukunftsdesch anzeberufen, fir déi laangfristeg Ofsécherung vum Pensionssystem auszuschaffen. Wie wëllt nach zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo, merci, Här President. Wéi Der alleguer wësst, op alle Fall déi Leit, déi an der Travaills- an an der Sécurité-sociales-Kommissioun sinn, ass d'IGSS amgaangen, eng Analys ze maachen. Dat ass eng Analys, déi festgehale gouf an deem leschte Gesetz, dass se all fënnef Joer op zéng Joer en Ausbléck mécht, wéi et mat eise Pensionne wäert virugeen. Déi Analys wäert am Mäerz 2022 virgestallt ginn.

Natierlech mengen ech, dass een do soll kucken, wat do erauskënnt. Et soll een och kucken, wéi dass d'Situatioun dann dee Moment ass. Am Gesetz ass virgesinn, dass eng Rei vu Stellschrauwen da kënnen gezu ginn, wann et aus dem Rudder sollt lafen; ech soen et emol esou. Hei niewendru sëtzt den Auteur vun deem Gesetz, dee mech berichtegt, wann ech eppes hei géif falsch soen.

Dofir géif ech proposéieren déi Motioun hei net ze stëmmen, ze kucken, wéi déi Analys wäert ausfallen, an da gegebenefalls duerno ze kucken, wat ee soll maache mat där Analys, déi d'IGSS da presentéiert.

Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engel. Den Här Marc Spautz freet d'Wuert.

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - Jo, merci, Här President. Dat ass hei eng Motioun vun deene Lénken ...

■ **Une voix.** - Nee, vun der ADR.

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - Nee, pardon. Ech war elo an där falscher.

An deem heite Fall géif ech soen, wéi den Här Engel gesot huet: Et soll een ofwaarde bis dat, wat am Mäerz soll op den Desch kommen. Duerno kann ee se noutfalls dann diskutéieren. Mee et wier jo awer elo verfréit fir ze soen: „Mir maachen dat“, well jo souwisou am Mäerz de Bilan soll gezu gi vun de leschte fënnef Joer.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Et kann een och am Hannerkapp behalen, wat esou e Rentendesch bréngt.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Spautz. Dann nach den Här Fernand Kartheiser als Auteur.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, Här President, ech huelen dat zur Kenntnis. Mir hu jo gëschter och an der Ried déi Etüd ugeschwat, déi amgaangen ass, wou eeben am Ufank vum nächste Joer sollen dann d'Resultater kommen.

Selbstverständlech däerf een dat hei net maachen, iert déi Resultater virleien. An deem Sënn sinn ech mat lech d'accord. Awer eppes kënnen mer lech verspriechen: Dat ass, dass mer, soubal mer déi Resultater gesinn hunn, eeben nach eng Kéier mat där Iddi kommen, wa se deen Abléck confirméiert gëtt an hirer Utilitéit!

An ech zweifelen iwwerhaupt net drun, dass dat de Fall wäert sinn, well dee Problem kenne mer alleguer. Mir wëssen, dass dat eng vun deene groussen Erausforderunge fir d'Zukunft vun eisem Land ass. Also, op jidde Fall vun eiser Säit aus, si mer och bereet, dat unzepaken.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dir musst se zrëckzéien.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Kartheiser. Da kéime mer zum Vott vun der Motioun Nummer 6.

#### Vote sur la motion 6

D'Ofstëmme fänkt un.

■ **Plusieurs voix.** - Non!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Denkt un dee leschte Rentendesch!

#### (Interruptions)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 6 ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

#### Motion 7

Da kéime mer bei d'Motioun Nummer 7, wou d'Regierung opgefuerdert gëtt, fir beim Kaf vu weidere landwirtschaftlechen Terrainen duerch de Staat dat esou ze gestalten, dass et zu kenger Konkurrenzverzerrung zulaaschte vun de Bauerebetriber soll kommen. Wie wëllt d'Wuert zu där Motioun ergräifen? Den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Merci, Här President. De Staat huet eng Kafpolitik, déi fir jiddwereen d'selwecht ass. Mir wëllen dat och bäibehalen. Mir wëllen déi Méiglechkeet bäibehalen, dass de Staat ka kafe goen, well mir brauchen dem Staat seng Akafspolitik, souwuel fir d'Infrastrukturen ze realiséiere wéi och fir Wunnensbau, zukünfteg warscheinlech nach verstärkt. Duerfir proposéieren ech menger Fraktioun, déi heite Motioun net matzedroen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Martine Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo, merci, Här President. De Buedem ass der Landwirtschaft hire wichtigste Produktionsfacteur. An de Fakt ass, dass dat virun allem och den Ëmweltministère ganz vill Fläche keeft, och fir Kompensationen. Fakt ass awer och, dass de Bauer den Terrain braucht, fir seng Produktioun kënnen ze maachen. Wa mer och vläicht net mat allem averstane sinn, geet dat hei awer an déi richteg Richtung an duerfir wäerte mer déi Motioun matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Hansen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Da kënnen mer zum Vott vun där Motioun kommen.

#### Vote sur la motion 7

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 7 ass bei 25 Jo-Stëmme géint 35 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), MM. Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

#### Motion 8

Da komme mer zur Motioun Nummer 8, wou et ëm de Kompensationsfong fir d'Finanzéierung vu Schied bei Naturkatastrophe geet. Wie wëllt nach d'Wuert zu där Motioun ergräifen? Den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Merci, Här President. Et ass mer gesot ginn, d'Regierung wär en contact mat der ACA, fir effektiv hei eng Léisung ze fannen an och d'Kreatioun vun engem staatleche Fong ass net ausgeschloss. Ech géif proposéieren, mir sollten hei net virgräifen. Mir sollten ofwaarden, wat do derbäi erauskënnt, an duerfir proposéieren ech och, déi heite Motioun net ze stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. Dann den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Mir wäerten dës Motioun matstëmmen. Ech soen lech och ganz kloer firwat. Mir hate jo déi Interpellatioun un d'Regierung, wéi déi Iwwerschwemmungskatastrophen am Juli waren. An do huet sech erausgestallt, dass d'Leit - a vill woussten dat net -, déi an engem Iwwerschwemmungsgebit sinn, jo e plafo-néierte Remboursement kréien duerch d'ACA bis zu 20.000 Euro.

Dir wësst, dass wa Waasser an en Haus erakënnt, da sidd Der séier op där Limitt vun deenen 20.000 Euro, wat d'Schied sinn. Dobäi stellt sech och déi Fro - an ech mengen, do sinn d'Gemenge gefuerdert -, wat geschitt, wann elo d'Gemengen an deem Kontext vun deene Plans d'inondation soen, ma mir weiden eis Zone-d'inondationen aus, well da betrëfft et jo net nëmmen déi Leit, déi Terrainen hunn an déi eventuell nei bauen, mee et betrëfft och déi Leit, wou d'Haiser schonn do stinn, an dass dann net d'Assurancé soen: „Majo lauschtert emol, Dir sidd elo an enger Zone d'inondation an duerfir ass e reduziéierte Montant d'indemnité virgesinn.“

An ech menge ganz éierlech - an dat ass esou -, dat hei ass eng dringend Fro an déi muss och dringend gekläert ginn, well et kann och sinn, dass deem-nächst erëm eng Kéier Héichwaasser ass, an dat gëtt d'ailleurs net nëmme vun der ADR gefrot. Ech hunn eng ganz Rei Avis gelies zu dem Budget an dat ass och den Avis vun der Fondation IDEA mat deem Fonds pour les calamités naturelles, mengen ech, sou nenne si et. An ech géif wierklech dofir bieten, dass d'Chamber sech hei am Januar domat beschäftigt, fir hei eng séier Léisung ze fannen, dat gegebenefalls och duerch en Amendement, deen nodréiglech géif gestëmmt ginn am Laf vum Joer. Dat wier jo ëmmer méiglech am Kontext vun enger Proposition de loi.

Et ass e wichtige Sujet a mir wäerten dës Motioun duerfir och matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Roth. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Jo, merci, Här President. An deem heite Fall si mer an der Situatioun, wou zwou Motiounen ganz genau dat nämmlecht fuerderen, nämlech d'Motioun 8 an d'Motioun 11. Et kéint ee sech vläicht iwwerleeën, ob een déi dann net och sollt zesumme stëmmen. Ech mengen, dat géif eis vläicht och e bëssen Zäit gewannen dinn, och wann ech keng grouss Hoffnung hunn, dass d'Majoritéit da bei där enger oder anerer géif Jo soen, och wann dat hei, wéi de Gilles Roth dat richteg sot, eng Fuerderung ass, déi d'Cour des comptes an hirem Rapport opwerft. Et ass eng Fuerderung, déi d'Fondation IDEA an hire Propositionen opgeworf huet. An d'Cour des comptes rappeliert souguer an hirem Avis, dass dat e Fong wär, deen: « La création de ce fonds de soutien aux victimes de la crise climatique aurait en outre l'avantage de rendre les coûts liés au changement climatique plus transparents et de simplifier le suivi et l'évaluation de ces dépenses. »

Et geet also hei och drëm, fir eppes méi transparent ze maachen. Et ass nämlech esou, dass déi Krisenhëllef haut ëmmer ad hoc ausgeschott gëtt, dass u sech och keng Plangbarkeet vun deene Krisenhëllef do ass a virun allem - dat hunn ech gëschter a menger Ried gesot - hu mer haut de Problem, dass mer och d'Virsuergmesuren heefeg an ënnerschiddleche Budgete fannen. Ob dat Gemenge sinn, déi e Réckhaltebaseng bauen, deen da subventionéiert ass vum Staat, ob Renaturéierungsprojete gemaach ginn oder aner Projeten: Et ass alles e bësse verdeelt an all deene Budgetsposten.

Wa mer hei e Spezialfong fir Naturkatastrophen oder fir den Accompannement vun Klimawandel hätten, dann hätte mer eppes, wat en transparenten Outil wär. Mir hätten eppes, wat de Leit méi séier kéint hëllef, well et etabliert wär, oui, dass mer ad hoc Entschedunge missten treffen. A virun allem géif et och engem Avis vun enger awer héijer Kierperschaft, der Cour des comptes Rechnung droen, déi seet, dass mer doduerjer eise Staatsbudget méi transparent géife maachen, oui, dass et necessairement en Impakt op d'Dépense-publicken hätt.





An ech mengen, dowéinstער misst een déi zwou Motiounen, souwuel d'Motioun vun der ADR wéi och eis mat Jo stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. An da geet d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.- Jo, merci, Här President. Also ech ginn dem Här Clement komplett Recht. Ech fannen, d'Motiounen 8 an 11 misst ee mateneen ofhandelen. Mir hunn dat als déi Lénk jo och scho gefrot, datt ee misst e Spezial-fong maache fir d'Naturkatastrophen, fir eeben déi Transparenz. Ech mengen, et ass elo alles hei gesot: Déi zwou hänken zesummen an dofir sollte mer dat och zesummen traitéieren. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Cecchetti. Da kéime mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 8.

#### Vote sur la motion 8

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Octavie Modert), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

*Ont voté non* : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

#### Motion 9

Da kéime mer zur Motioun Nummer 9, wou et ëm de Risque de pauvreté geet a méi prezis ëm e Plan de lutte. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (*DP*)**.- Merci, Här President. Hei ginn eng Rei Analysen, Evaluatiounen, Etüde gefuerdert. Ech wëll drop hiweisen, dass de Statec dat dote reegelméisseg mécht an dass een effektiv do kann eng Rei Etüde kucken an noliese goen. Ech mengen, den Här Minister huet a sengem Exposé gëschter och eng Rei vu Mesuren opgewisen. De Rapporteur huet eis och a sengem Rapport gesot, dass de Coefficient de Gini erofgaangen ass: Dat heescht, deen ass erofgaange vun 0,32 op 0,31. Den Ecart tëschent de Revenue wär par conséquence och erofgaangen.

Ech géif menger Fraktioun proposéieren, déi heite Motioun net matzedroen.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- An dann huet den Här Marc Spautz d'Wuert gefrot.

■ **M. Marc Spautz (*CSV*)**.- Merci, Här President. Dat hei ass eng Motioun, déi eis ganz sympathesch ass an déi och ganz gutt ass. De leschte gréissere Rapport an déi lescht gréisser Analys, déi hei gemaach ginn ass, geet zréck op d'Regierung vun 2012, déi eng Decisioun geholl hat, esou eng Analys ze maachen. Mir mengen, zéng Joer duerno oder bal zéng Joer - d'nächst Joer ass et, 2022 - géif et Zäit ginn, nach eng kéier an den Detail ze goen an dofir fënnt déi Motioun op alle Fall d'Zoustëmmung vun der CSV.

Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Spautz. An dann ass de Mikro fräi fir den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Ech ka mech deem, wat de Marc Spautz gesot huet, uschlëssen: Se ass eis ganz sympathesch. Ech sinn e bësse mat mer am Onrengendriwwer, ob mer schonn direkt e Plan de lutte contre la pauvreté brauchen oder ob et net wichteg wär, datt déi Ënnerpunkten, déi déi Lénk ganz zu Recht opwerfen - nämlech déi Zuelesammlung, dee Rapport, wéi de

Marc Spautz och gesot huet -, als Éischt missten etabliéiert sinn, ier mer e Plang kéinte maachen, wéi mer da mat deenen Zuelen ëmginn. Mee nichtdes-trotz mengen ech, datt een dat kéint zesummen ugoen an deementspriedend fënnt déi och eise Support.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Clement. Da geet nach d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Jo, vun eiser Säit just e Merci un déi Lénk. Mir kënnen dat hei och matdroen. Dat schéngt eis ganz vernëfteg. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert un den Auteur vun dëser Motioun, d'Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Jo, villmools merci fir all Är Reaktiounen. Also elo verstinn ech net, firwat, wann den Gini-Koeffizient effektiv e bëssen erofgaangen ass d'lescht Joer, dat e Grond wier, fir esou e Plang net matzestëmmen, well mir hu ganz kloer e Problem mam Risque de pauvreté, dee bei 17 % läit.

Ech hunn et gëschter gesot: Mir kënnen eis net der-mat zefridde ginn, deen Taux bei 17 % ze stabiliséieren. Dat ka keen Objektiv sinn!

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.- Très bien!

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Den Objektiv muss sinn, deen Taux erofzesetze souwuel bei den Inegalitéite wéi bei der Aarmut.

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.- Très bien!

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- A wann Der mer sot, dass Analyse gemaach ginn: Mir wëssen och, dass Analyse gemaach ginn. Dorëms geet et net! Wann Der gutt kuckt, sinn déi éischt, zwee, dräi Punkten effektiv Evaluatiounen an Analysen an duerno kënt dee Punkt, deen interessant ass, vun engem Plang, fir ze soen: Mir brauchen Ziler, mir brauchen e Stufeplang, mir brauchen Objektiv, mir brauchen Zilgruppen, mir brauchen ... e bësse wéi dat och am Klimaplang ass. Dorëms geet et. Ech mengen, dat hunn ech och gëschter kloer gesot.

Wann Dir elo sot, dass d'Analyse superfetatoire sinn, well déi scho gemaach ginn, da kommt mir diskutéieren driwwer, kommt mir huelen dat eraus a mir soen, mir brauche just e Plang ouni Analysen, mengetweegen. Mee kommt mir maachen e Plang, fir dass mer wierklech kohärent a strateegesch un déi Saach do eruginn! Dofir proposéieren ech, dass mer, wann Der wëllt, nach eng kéier kënnen driwwer kucken.

Mir kënnen och eng Rei Saachen eraushuelen oder an der Kommissioun driwwer diskutéieren, wann Der mer sot, dass de Plang awer vläicht nach interessant wier. Vläicht kënt Der nach eng kéier dorop reagéieren.

Merci villmools.

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Oberweis. Et ass keng weider Wuertmeldung méi do. Da kënnen mer zum Vott vun der Motioun Nummer 9 kommen.

#### Vote sur la motion 9

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Kritt ee keng Äntwert op seng Froen?

#### (Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- De Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 9 ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), MM. Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

*Ont voté non* : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

#### Motion 10

Da kéime mer zur Motioun Nummer 10 vun de Piraten, wou et drëm geet, fir de Steierkredit auto-matesch un de Contribuabel ze attribuéieren, souwéi dat an der Proposition vun der Fondatioun IDEA ass. Wëllt nach een zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (*DP*)**.- Merci, Här President. Ef-fektiv, mir hunn elo virdrun heiriwwer geschwat. Ech mengen, hei wäerten eis Vuë sech fannen, am Géigesaz zu der Proposition vun der ADR. Ech proposéieren awer och an deem heite Fall keng Héftschëss an elo net iergendeng steierlech Mesure erauszeplécken, mee mir sollen dat dote preparéieren an an den Debat abauen.

Dofir proposéieren ech menger Fraktioun, och déi heite Motioun net matzedroen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Baum. An da geet d'Wuert direkt un den Auteur vun der Motioun.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Jo, merci, Här Pre-sident. Ech verstinn, datt dat heiten der Majoritéit sympathesch ass an da verstinn ech awer net, fir-wat se dann dergéint wëlle stëmmen.

Ech mengen net, datt et e Schnellschoss ass. Ech mengen, datt et u sech gesonde Mënscheverstand ass, datt mer, wa mer als Staat wëllen den Index héichhalen, éischstens emol d'Mesuren, déi mer attribuéieren, indexéieren.

Dat Zweet ass, an ech mengen, dat misst dem Gilles Baum dach u sech ganz gutt gefalen, datt mer et just nach wëllen un de Revenu imposable hänken an net méi nach zousätzlech un d'Allocations familiales. Wann ee bedenkt an ech kommen erëm op déi 9.000 Euro Revenu zréck ... Am Moment kritt een nämlech en Degressif bis bal 9.000 Euro de Mount Revenu brut, also dann imposable - do muss een also nach e bëssen iwwer 9.000 Euro brutto hunn ..., bis dohinner geet en u sech erof.

Also misst een u sech bei där heite Saach soen: Dat heiten ass eng selektiv Moosssnam, déi genau an déi Richtung geet, bis zu deem Seuil, deen d'DP jo fir d'Mittétklass berücksichtegt, bei enger Famille monoparentale vun 9.000 Euro de Mount, e bësse méi wéi 9.000 Euro de Mount brutto, an dee misst jo dann awer substanzéiell sinn.

Mee, an da kënt de Couac bei där ganzer Geschicht haut: Éischstens muss een dee Crédit d'impôt ufroen. Et ass nëmmen eng Këscht op der Steiererklärung, mee et ass eeben erëm eng Këscht, déi ee muss ukraizen. An zweetens gëtt en nach eng kéier reduzéiert, wann een ze vill Hëllef vu sengem Partner kritt. An ech mengen, dat ass a mengen Aen awer e bësse falsch. Well déi Suen, déi ee vu sengem Partner kritt fir d'Garde vum Kand, fir den Ënnerhalt vum Kand - vu sengem Expartner an dësem Fall -, soll een dem Kand zegutt rechnen an net der Persoun.

A wa mer schonn dobäi sinn a soen, bis 105.000 Euro Revenu imposable fir eng Personne monoparentale gëtt et nach e Crédit d'impôt monoparental, da kann een en och automatiséieren a virun allem - an ech kommen drop zréck - sollt een en indexéieren, well dat wär e kloert Zeechen, datt mer net all Joer heibannen ... Mir hunn et gesi bei den Allocations familiales, mir gesinn et bei enger ganzer Rëtsch anere Mesuren, wou au fur et à mesure duerch eng Desindexéierung an natierlech eng kal Progressioun dorobber eng Devaluatioun vun deene Montante kënt.

An iergendwann eng kéier sti mer dann erëm hei a mir stelle fest, datt mer 16, 17, 18, 19 % Valeur ver-luer hunn an datt mer dann e grouse Schrëtt musse maachen. Hei géife mer all Joer, all kéier wann den Index kënt, e kleng Schrëtt maachen, anstatt dann all zéng Joer e grouse Schrëtt. Ech mengen, dat ass awer keng aus der Héft geschos-sen Approche, dat ass Standard hei zu Lëtzebuerg. Dat hu mer hei joerzéngtelaang ëmmer gemaach, datt mer Mesuren indexéieren, an et wär gutt, wa mer och erëm géifen dohinner zréckkommen.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. An dann ass de Mikro fräi fir den honorabelen Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (*CSV*)**.- Merci, Här President. Ech muss ganz éierlech soen, ech verstinn d'DP och net richtig. Mee da kommt, wann dat lech seriö ass, an dat ass wierklech e seriö Problem, dee concer-néiert Dausenden an Dausende Leit ... Dir sidd fir verschidde gesellschaftlech Zesummeliwensfor-men ... Mee da kommt mir huelen dat do an d'Kom-missioun an dann diskutéiere mer dat zesumme mat der Steiervaltung. Do fält dach kengem en Zack aus der Kroun.

Mee hei ass einfach déi stur 31:29-Logik. Da musst Der un där festhalen. Mir proposéieren op jidde Fall am Sënn vun engem konstruktiven Dialog hei - well dat concernéiert d'Leit dobaussen an dat ass net eng Fro Majoritéit-Oppositioun -, dat an d'Finanz-kommissioun ze verleeën a fäerdeg.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Roth. Da komme mer zum Vott vun der Motioun Nummer ... Den Här Fernand Kartheiser wëllt nach d'Wuert ergräifen.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Jo, ech wollt just soen, ... Villmools merci, Här President, déi Motioun hei vun de Piraten geet jo och an déi Richtung vun deem, wat mer eis selwer virstellen: « Qui peut le plus peut le moins. » Et geet net grad esou wäit, mee mir wäerten et mat ënnerstëtzen.

Ech wëll awer och ausdrécklech soen, datt ech dem Här Roth säi Rasonement absolutt richtig fannen an datt et besser wär, wa mer eis bei verschiddene Punkten, bei wichtige Froen - an dat heiten ass eng ganz wichteg Fro - géifen an enger Kommissioun zesummesetzen amplaz eng stuer Koalitioun-Oppo-sitioun-Logik ze maachen.

Et ass elo schonn déi zweeten oder drëtte kéier de Moien, wou dat gesot ginn ass, an et werft kee ganz gutt Licht op déi hei Regierungskoalitioun, wa bei esou Froen einfach nee gewénkt gëtt.

Merci.

#### (Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser. Da kéime mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 10.

#### Vote sur la motion 10

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 10 ass bei 11 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen an 18 Abstentiounen ofge-leent.

*Ont voté oui* : MM. Georges Mischo, Marc Spautz et Serge Wilmes ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

*Ont voté non* : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Claude Wiseler et Michel Wolter.

#### Motion 11

Da komme mer zur Motioun Nummer 11 vun de Piraten, wou et ëm de Spezialfong fir Naturkata-strophe geet, eng Motioun, déi scho virdrun dis-kutéiert ginn ass. Kënnen mer direkt zum Vott vun dëser Motioun Nummer 11 kommen?

#### Vote sur la motion 11

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 11 ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Octavie Modert), MM. Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

*Ont voté non* : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo,





Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

#### Motion 12

Da kéime mer zur Motioun Nummer 12 vun de Piraten, wou et drëm geet, der Observatioun vun der Cour Rechnung ze droen an déi Fongen aus dem Budgetsavis vun 2022 ofzeschaffen. Wëllt nach een d'Wuert zu där Motioun ergäifen? Den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Merci de Piraten och fir dës Motioun, wou se sech effektiv referéieren op den Avis vun der Cour des comptes. Et ass awer esou: Wat richtig ass, dat ass, dass déi Fongen net ganz flexibel sinn, mee se sinn awer spezifesch fir e Secteur a si hu prezis Ziler. An dofir géife mir proposéieren, déi net ofzeschaffen an dann och dofir déi Motioun hei net ze droen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. An da geet d'Wuert un den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Mir sinn derfir, fir déi Motioun hei matzestëmmen. Ech hunn elo just beim Här Mosar a beim Här Wolter nogefrot: Fréier ass an de Budgetsdiskussioun vill méi large iwwer alles diskutéiert ginn. Et ass besonnesch och iwwert d'Fongen an d'Dotatioun vun de Fongen diskutéiert ginn.

Ech ka mech erënneren, dass den Här Gibéryen ugangs den 2000er-Joren ëmmer dem Här Frieden de Virwurf gemaach huet, dass en de Leit d'Suen net géif zrëckginn, mee dass e se géif an d'Fonge stiechen. Zënter deenen neie SEC-Reegele vu Bréisel spillt dat eigentlech just nach eng Comptabels-rol. Mee nach géif ech et wichteg fannen, dass een net nëmmen d'Fongen hannen, ech soen, säiteweis oplëscht an de Budgetsdokumente, mee dass och eng Kéier eng eingeeënd Diskussioun iwwer sämtlech Fonge gemaach géif ginn. An ech sinn der Meinung, dass een déi Diskussioun och eng Kéier sollt an der Finanzkommissioun féieren. Mee mir fannen déi Proposition hei richtig an duerfir wäerte mer dës Motioun matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Roth. Et ass keng Wuertmeldung méi do. Da komme mer zum Vott vun der Motioun Nummer 12.

#### Vote sur la motion 12

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschlossen.

An dës Motioun ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

#### 5. Ordre du jour

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 7888 ...

■ **Une voix.**- Här President.

■ **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Här President, entschëllegt nach eng Kéier, dass ech eng Kéier kuerz dertëschent fueren. Mir stëmmen haut de Mëtten op en Neits d'Covidgesetz, wou mer erëm mussen Restriktioune stëmmen fir d'Bierger hei am Land, an dat fält eis alleguerte ganz schwéier. A mir hunn haut ... an ech mengen alleguerten d'Parteien hu méi wéi eng Kéier an deene leschten zwee Joer deen - jo, et muss een et schonn esou soen -

heldenhaften Asaz vun de Leit am Santésberäich an am Fleegeberäich ervirgestrach. An haut de Mëtteg maachen déi op en Neits e Cri d'appel ëm 12.00 Auer, wou se d'Leit opruffen, eng Minute de silence ze observéieren, fir un déi dote Situatioun ze erënnere.

An ech fannen, et géif eis gutt zu Gesiicht stoen als Chamber, wa mer eis mat deem Mouvement géife solidariséieren. An et gesäit jo esou aus, wéi wa mer de Mëtteg um 12.00 Auer nach hei wieren, wa mer do eis kéinten déi eng Minutt am Ordre du jour och huelen, fir eng Minute de silence ze observéieren, fir och en Zeechen ze setzen dobaussen an de Leit ze soen: „Jo, mir stinn alleguerten zesummen, an nëmmen zesumme komme mer aus där Kris hei eraus. A virun allem: Loosst lech impfen!“

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

#### (Applaudissements)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Cruchten. An ech mengen Dir héiert, datt jidder-een där doter Proposition zoustëmmt.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

#### 6. 7888 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée aux fins de transposer la directive (UE) 2021/1159 du Conseil du 13 juillet 2021 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne les exonérations temporaires relatives aux importations et à certaines livraisons ou prestations, en réaction à la pandémie de Covid-19

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Da kënne mer elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour kommen, an dat ass de Projet de loi 7888 iwwert d'Ëmsetze vun enger europäescher Direktiv am Beräich vun der TVA. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeloucht. An de Rapporteur vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här André Bauler. An dee kritt direkt d'Wuert. Här Bauler, wannechgelift.

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, Léif alleguer, d'Chamber huet an deene leschten zwee Joer eng Rei Gesetzer gestëmmt, fir géint de Covid-19 ze kämpfen. Et muss ee kloer soen, datt mir eis op ganz verschiddenen Niveauen duerfir asetzen, fir de Leit an der Kris ze hëllefen an d'Kris esou séier wéi méiglech hannert eis ze loosse.

Mir hunn an dësem héijen Haus ëmmer erëm grouss a bedeutend Moossname gestëmmt. Mee och manner mediewierksam Decisiounen spillen eng Schlüsselroll am Kampf géint d'Pandemie.

Eng Schrauf, un där een dréie kann, fir e Maximum u Ressourcë beschtméiglechst ze mobiliséieren, ass d'TVA.

Haut presentéieren ech lech de Gesetzesprojet 7888 zu der Exoneratioun vun der TVA op Wueren an Déngschtleeschungen, déi fir de Kampf géint d'Coronapandemie kaaft ginn. Dëse Gesetzesprojet ass net den éischten an deem Sënn. Mir hunn, wéi Der lech vläicht kënnt erënneren, am Januar schonn eng Direktiv dozou ëmgasat. D'Zil ass et, fir Wueren a Servicer esou effizient a séier wéi méiglech dohinner ze liwweren, wou se gebraucht ginn. Déi Decisiounen, déi demools getraff goufen, sinn awer net wäit genuch gaangen. An dowéinst gëtt elo, no weideren Diskussiounen um europäesche Plang, nogebessert.

De Projet ass de 17. September 2021 deposéiert ginn. Et geet konkret ëm d'Transposition, also ëm d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv, déi eng éischt Direktiv kompletéiert.

Déi éischt europäesch Direktiv mat der schéiner Nummer 2020/2020 vum Conseil vum 7. Dezember 2020 hu mir mam Gesetz vum 22. Januar 2021 a Lëtzebuurger Recht ëmgasat. An dëser Direktiv waren Exoneratiounen op der TVA virgesi just op Tester a Vaccinen zugonschte vun den EU-Memberstaaten, déi definitiv sinn - d'TVA muss also ni méi nobezuelt ginn -, awer just op Akeef, déi bannent zwee Joer, also virum 21. Dezember 2022 gemaach ginn.

D'Dispositionen aus dëser éischter Direktiv bleiwe weiderhi bestoen. Mam Gesetzesprojet, deen ech lech hei haut proposéieren, gëtt elo nach eng zweet Direktiv am selwechte Kontext ëmgasat. Dat ass déi europäesch Direktiv 2021/1159 vum Conseil vum 13. Juli vun dësem Joer.

Dës Direktiv gesäit zousätzlech Exoneratiounen op der TVA vir, an zwar op alle Wueren a Servicer - dat heescht net just Vaccinen an Tester -, déi am Kader vum Kampf géint de Covid-19 kaaft ginn, dat vun der Europäescher Kommission oder enger europäescher Agence oder engem europäeschen Organismus, fir se gratis de Memberstaaten zur Verfügung ze stellen.

Dat sinn Ausnamen, déi temporär sinn, well se de Moment vun der Revente verfallen. D'TVA muss also nobezuelt ginn, wann d'Wueren weiderverkaaft ginn an net méi am Kampf géint d'Pandemie benotzt ginn. D'TVA gëtt bei der Revente op d'Valeur restante gerechent, dat heescht, datt den Amortissement vun de Geräter, zum Beispill Ventilatoren, mat agerechent gëtt. Hei ass et egal, zu wéi engem Zäitpunkt d'Wueren initial akaaft ginn.

Déi zweet Direktiv erweidert also d'Applikatioun op all relevant Wueren a Servicer, d'Zäitspan, an där d'Wueren an d'Servicer kënnen akaf ginn - déi ass also elo illimitéiert, och wann d'Exoneratioun bei der Revente verfält -, an d'Acteuren: Hei geet et ëm d'Europäesch Kommission, hir Agencen an Organismen, déi de Memberstaaten dës Wueren a Servicer gratis zur Verfügung stellen.

D'Exoneratiounen aus der zweeter Direktiv triede retroaktiv op den 1. Januar 2021 a Kraaft. Déi zwou Direktive sinn also gläichzäiteg applikabel. Si ergänzen, si kompletéiere sech.

Et handelt sech hei also ëm eng wichteg Moossnam, déi nach eemol ënnersträicht, datt d'Europäesch Unioun eng fundamental Roll an dëser Kris spillt, wa se déi néideg Kompetenzen dofir vun de Memberstaate kritt. Gemeinsam Akeef erlaben nun eemol, fir eng gerecht Verdeelung vun de Wueren a Servicer, déi am Kampf géint d'Pandemie agesat ginn, ze garantéieren.

Zu den Avisen: De Staatsrot an d'Chambre de Commerce hunn hir Avisen den 8. Dezember respektiv den 2. November 2021 ofginn. An den Avise gi keng Commentairen iwwert de Fong formuléiert. Fir Detailer verweisen ech op déi respektiv Avisen.

Här President, léif alleguer, et ass wichteg, datt mer - Gesondheet, Här Finanzminister -, all Hiewel a Bewegung setzen, fir dës Kris esou gutt wéi méiglech och weiderhi Meeschter ze ginn. Dowéinst gëtt meng Fraktioun, d'DP-Fraktioun, dann och op dëser Plaz hiren Accord zu dësem Gesetzesprojet.

Ech soen dem Här Finanzminister, dem Pierre Gramegna a senge Beamten aus dem Ministère Merci fir och hei déi gutt Zusammenaarbecht bei dësem Projet. Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, dem Här Rapporteur André Bauler.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar.

#### Discussion générale

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President. Och wéi ëmmer e ganz, ganz grouss Merci un eise Président-rapporteur, deen dat wéi ëmmer op eng kloer an däitlech Aart a Weis gemaach huet. Ech brauch och zum Projet de loi näischt méi bäizefügen. En huet eis erkläert, ëm wat et geet. Ech kann och hei direkt den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech wollt awer, wann Der erlaabt, Här President, och vläicht nach e puer Wuert un d'Adress vum Här Finanzminister soen, well et haut säi leschten Dag ass a well ech bis elo d'Geleeënheet nach net hat, vu datt mir bei eis an der Fraktioun eng Aarbechtsopdeeling hunn, datt den Här Roth sech ëm de Budget këmmert an ech mech ëm d'Finanzplaz këmmere. A wa mer och grouss Meenungsdivergenzen um Niveau vu Budgetsfroen haten, mengen ech, datt mer eis a Froen, déi d'Finanzplaz ugin, meeschtens eens waren.

Ech mengen, datt mer och alleguerten do déi Sensibilitéit fir d'Finanzplaz deelen. Ech weess och, datt de Finanzminister sech do iwwer Joren agesat huet, och fir deen ominéise Level-Playingfield, deen eis; mengen ech; alleguerten um Häerz läit. Mir hunn eis och oft iwwert d'Thematik vum Blanchiment ënnerehalen. Mir hunn och oft ... oft, mengen ech, ware mer do op enger Linn oder si mer nach ëmmer op enger Linn, wat eng gewëssen Iwwerregulatioun zu Bréisel ubetrëfft. An ech vermëssen dann och elo oder ech wäert an Zukunft dann trotzdem awer och d'Stëmm vum Pierre Gramegna vermëssen.

Ech wëll ëm och hei a mengem perséinlechen Numm bonne Chance wënschen, gudde Wand an ech wäert lech vermëssen, Här Finanzminister.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Plusieurs voix.**- O!

#### (Applaudissements)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Claude Haagen.

■ **M. Claude Haagen (LSAP).**- Merci, Här President. Mat Felicitatiounen un de Rapporteur fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, ginn ech den Accord vun der LSAP. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Haagen. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Jo, merci, Här President. Dat selwecht am Gréngen.

#### (Hilarité)

Mir ginn och den Accord a soen natierlech dem André Bauler Merci fir säi formidabele Rapport.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, wa mer esou eng Harmonie heibannen hunn, wëll ech se net stéieren. Och vun eis aus e grouss Merci un den Här Bauler an och mir droen dat heite selbstverständlech mat. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo, merci, Här President. Och vu mir e grouss Merci als Éischt un de Rapporteur fir säi komplette Rapport. Dat heiten ass jo eng Fortféierung vun engem Text, dee mer schonn d'lescht Joer gestëmmt hunn. Mir soen ëmmer „Impfe wirkt, d'Impfung sinn en Deel vun der Léisung“, ma dann ass et nëmme logesch, datt mer och d'Impfung bei der TVA reduzéieren. Ech mengen dat ass ...

■ **Une voix.**- D'Impfung bei der TVA reduzéieren?

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo, d'TVA bei den Impfungen, mee ...

#### (Hilarité)

Dir gesitt, vläicht hunn ech mäi Booster awer net esou gutt verdroen, wéi jiddweree mengt. Wie weess? Mee op alle Fall: Mir hunn et fir 2021 gemaach, da sollte mer et och fir 2022 weiderfueren, well mir sinn nach net duerch de Bësch. An deementsprechend ginn och d'Piraten hiren Accord, fir dann d'TVA bei den Impfungen - an net d'Impfung bei der TVA - ze reduzéieren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Haut ass jo wierklech mäin Dag.

#### (Hilarité)

Dat hei ass fir d'lescht, wou ech intervenéieren.

#### (Hilarité)

Richtig. Jo, ech hat mech geiert. Mee et ass jo gutt, dass ech nach eng Geleeënheet hunn. An ech fannen et jo ganz passend, dass dat geschitt bei engem Projet de loi, deen d'Unanimitéit kritt. Dir wësst, dass ech ee sinn, deen ëmmer versicht, d'Leit an d'Parteien an d'Acteuren all zesummen ze kréien. An dass dat grad bei mengem leschte Projet de loi geléngt, mécht mer ganz vill Freed, muss ech lech soen.

An ech soen dem André Bauler villmools Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. An ech hunn awer elo nach wierklech zwee Punkten, déi mer um Häerz leien, déi ech da wëll soen. Dat Éischt ass, dass et e Projet ass, dee mat Europa ze dinn huet. Och dat ... et ass rengen Zoufall vum Kalenner. Mee kuckt emol, hei huet Europa erëm present geäntwert. Mir kënnen TVA-Taxe net eleng änneren. Dat ass eng Kompetenz, déi europäesch ass, well et eng Steuer ass, déi zum Deel jo an europäesch Fongen eraleeft. An doduerch huet déi Direktiv hei musse gestëmmt ginn, déi wat mecht? Jo, d'TVA op Null setzt bei den Impfstoffer.

An erlaabt mer ze soen, dass wa mer d'Europäesch Unioun net gehat hätten an dëser Kris, mer ganz grouss Problemer gehat hätten tëscht de Länner vun der EU, well mer do eng Solidaritéit fäerdegbruecht hunn, déi mer bei de Finanzministere gesinn hunn, bei de Premierministere, bei de Gesondheitsministere gesinn hunn. An doriwwer solle mer eis wierklech freeën.

An dann natierlech e lescht Wuert, fir ze reagéieren op dat, wat den Här Mosar gesot huet. Dat mécht mer natierlech immens vill Freed. Jo, mir hunn eis, mir zwee, ganz vill fir d'Finanzplaz agesat. Ech sinn der Meinung, mir sollen eis alle 60 oder Dir sollt alle 60 lech ëmmer fir d'Finanzplaz asetzen, well se representéiert en Drëttel vun eise PIB a si steet haut besser do. Ech fänken elo net u Reklamm ze maache fir dat, wat ech och da virdrun a gëschter gesot hunn. Si steet haut besser do an doriwwer solle mer eis freeën.

Mee well Dir dee leschte waart, dee mer Merci gesot huet, wëll ech nach un e leschte Punkt uknëppen: un dee vun der Iwwerregulatioun. Ech muss dat dann esou als mäi leschte Souvenir hei matdeelen, well et war ze vill witzeg, wéi mer eng BRRD ëmgasat hunn. Dat war en Dokument vun 350 Säiten, dat mer am September vun deem Joer - ech mengen et war 2015, et kann awer och en anert Joer gewiescht sinn - op den Instanzewege geschéckt hunn. De Conseil d'État huet säin Avis ginn





Enn November an et huet misse gestëmmt gi bis zum Schluss vum Joer. Et war nach ee Mount.

An do huet natierlech d'Opposition, den Här Mosar vir, gesot: „Wat? Wivill Zäit hu mir elo nach fir dat Dokument vun 350 Säiten?“ „Jo, eng Woch, well mir musse jo eng Cofibu maachen. “ Dat huet missten hei am ... Bon, do war ech ganz gentil, ech hunn net gesot: „Dir hätt jo kennen an der Cofibu virdru schaffen an net op de Conseil d'État ...“, hunn ech net gesot, well et war schonn heikel genuch. Et war all Mënsch schlecht gelaunt, all Mënsch war rosen. Den Här Mosar hat mer gesot: „An Dir wäert gesinn, Här Minister, dat gëtt ganz schlëmm an der Chamber! Dir kritt 50 Froen!“ Gutt. Dat ass och alles geschitt.

**(Hilarité)**

An den Här Mosar kounn dunn als éischte Spriecher an en huet all seng Froe gestallt. Mee u säin Ufank vun der Ried wäert ech mech mäi Liewe laang erënnere. An e stoung do an ech souz natierlech hei an do kuckt e ronderëm: „Elo sinn ech scho 27 Joer an dëser Chamber an esou eppes hunn ech nach ni gesinn!“

**(Hilarité)**

An ech war du nach net laang hei als Minister. Ech duecht: „Wat hunn ech dann hei gestiicht, wéi schlëmm ass dat?“ Do koumen aner Riedner an do kounn de Gast Gibéryen, dee kuckt och esou an du sot en: „Elo sëtzen ech schonn 32 Joer an dëser Chamber, an esou eppes hunn ech nach ni gesinn!“ An du koumen och nach Froen. Ech hat also 50 Froen ze beäntweren. A meng Ekip - déi ech virdru gelueft hunn - hat mer op all déi Froen och e puer Äntwerte ginn. Mee dat war esou technesch, dat hätt och all Mënsch gelangweilt an et wär och kee Mënsch domadder eens ginn. An dat war och net an enger normaler Zäit ze léisen.

Du sinn ech eropgaangen, vläicht kënnt Der lech erënnere, Här Mosar, an hunn du gesot: „All déi, déi gesot hunn, dat wär ganz schlëmm, déi hu Recht. Dir hutt ganz Recht. An ech kommen am Januar an d'Cofibu an ech ginn lech all d'Äntwerten, déi Der gären hätt. A mir mussen dat doten net nach eng Kéier maachen. Mir musse besser schaffen an esou weider.“ Dat ass e Souvenir, deen ech ni wäert vergiessen. A wéi ech dunn erauskomm sinn, du sot meng Ekip: „Gottseidank, dass de dat fonnt hues, dass de gesot hues, et wär schlecht. Well ech weess net, wéi mer soss erauskommen.“

**(Hilarité)**

Et gesäit een, et muss een e bëssen Humilitéit hunn an dann och, wann ee Feeler mécht a wa Saache schif ginn, muss een dat unerkennen. All deenen, déi mir hei Merci gesot hunn, an all deenen Deeg soen ech wierklech e ganz grouse Merci. Dat hei ass onvergiesslech. Iech alles Gutts. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

**(Applaudissements)**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- E ganz grouse Merci dem Här Finanzminister Pierre Gramegna. D'Diskussion zu dësem Punkt ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7888. Den Text steet am Document parlementaire 7888<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7888 et dis-pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dëse Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## 7. Résolution relative aux comptes de l'exercice 2020 de la Cour des comptes

Mir kommen elo zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour, dat ass d'Resolutioun iwwert d'Konte vun der Cour des comptes iwwert d'Joer 2020. Déi honorabel Madamm Diane Adehm ass Auteur-Rapporteur vun där Resolutioun a presentéiert eis se elo. Madamm Diane Adehm, Dir hutt d'Wuert.

**Dépôt et exposé**

■ **Mme Diane Adehm (CSV), auteure.**- Merci, Här President. Wéi all Joer kucke mer an der Budgets-kontrollkommissioun och d'Konten no vun der Cour des comptes. Mir haten duerfir och de Rapport vum Réviseur virleien an de Rapport vum Réviseur huet eis gesot, dass d'Konten déi reell Finanzsituatioun vun der Cour des comptes géife widderespigelen. An an deem Sënn géif ech dann och de Moien der Chamber proposéieren, fir d'Resolutioun unzehuelen, mat där d'Konte vun der Cour des comptes vun 2020 géifen approvüiert ginn. An an deem Sënn géif ech mer och erlaben, am Numm vun der ganzer Budgetskontrollkommissioun lech déi Resolutioun ze deposéieren.

**Résolution**

*La Chambre des Députés,*

*- vu le rapport du réviseur des comptes de la Cour des comptes qui estime que « les comptes annuels [...] présentent sincèrement dans tous leurs aspects significatifs la situation financière de la Cour au 31 décembre 2020 ainsi que les résultats pour l'exercice clos à cette date, conformément à la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État et aux principes comptables applicables à la Cour tels que définis par le Collège de la Cour et tels que détaillés en note 2 des comptes annuels.<sup>1</sup> »;*

*- vu l'accord de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué suite à l'analyse des comptes en question lors de sa réunion du 6 décembre 2021,*

*approuve*

*- les comptes de l'exercice 2020 de la Cour des comptes.*

*(s.) Diane Adehm.*

<sup>1</sup> Extrait note 2: « Principes généraux: Les comptes annuels de la Cour des comptes sont établis par le Collège de la Cour conformément à la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État. L'exercice budgétaire et comptable commence le 1er janvier et finit le 31 décembre de la même année. Les paiements des dépenses peuvent être réalisés jusqu'au 30 avril de l'exercice suivant. »

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Diane Adehm.

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Budgetskontrollkommissioun virgeschloen huet.

Ass d'Chamber domat averstanen, à main levée iwwert dës Resolutioun ofzestëmmen?

**(Assentiment)**

**Vote sur la résolution**

Ech bieden déi, déi mat der Resolutioun vun der Budgetskontrollkommissioun averstane sinn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

D'Resolutioun ass domat ugehall.

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun un d'Cour des comptes weidergereecht.

## 8. Résolution relative aux comptes de l'exercice 2020 du Médiateur

Eisen nächste Punkt ass d'Resolutioun iwwert d'Konte vum Médiateur fir d'Joer 2020. An déi honorabel Madamm Diane Adehm ass Auteur-Rapporteur vun dëser Resolutioun a presentéiert och déi Resolutioun eis elo. Madamm Diane Adehm, Dir hutt d'Wuert.

**Dépôt et exposé**

■ **Mme Diane Adehm (CSV), auteure.**- Jo, merci. Dann nach eng Kéier de selwechten Exercice och fir d'Konte vum Médiateur. Ech mengen, et ass gewosst, dass mer déi, wéi gesot, alljoers an eiser Budgetskontrollkommissioun kucken. Och do hate mer e Rapport vum Réviseur d'entreprises virleien, deen näischt un de Konten auszesetzen hat an an deem Sënn géif ech och d'Chamber bieden, d'Konte vum Médiateur vum Exercice 2020 unzehuelen. An

ech ginn lech dann déi deementspriechend Resolutioun.

**Résolution**

*La Chambre des Députés,*

*- vu le rapport du réviseur des comptes du Médiateur qui estime que « le tableau des recettes et des dépenses [...] a été établi, dans tous ses aspects significatifs, conformément au règlement financier et comptable intérieur du Médiateur du Grand-duché de Luxembourg »;*

*- vu l'accord de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué suite à l'analyse des comptes en question lors de sa réunion du 6 décembre 2021,*

*approuve*

*les comptes de l'exercice 2020 du Médiateur.*

*(s.) Diane Adehm.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Diane Adehm. Esou wéi den Artikel 5 vum Gesetz vum 22. August 2003 iwwer de Médiateur an och d'Chambersreglement et virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Budgetskontrollkommissioun virgeschloen huet.

An och hei ass et d'Fro, ob d'Chamber domadder averstanen ass, fir dës Resolutioun à main levée ofzestëmmen.

**(Assentiment)**

**Vote sur la résolution**

Wie mat dëser Resolutioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Resolutioun ass domat eestëmmeg ugehall.

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun un de Médiateur weidergereecht.

## 9. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2020 du Centre pour l'égalité de traitement

Den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Moien ass d'Resolutioun iwwert d'Konte vum Centre pour l'égalité de traitement fir d'Joer 2020. An nach eng Kéier wäert d'Madamm Diane Adehm als Auteur-Rapporteur eis dës Resolutioun presentéieren.

**Dépôt et exposé**

■ **Mme Diane Adehm (CSV), auteure.**- Och beim Centre pour l'égalité du traitement hu mer d'Konten an der Budgetskontrollkommissioun gekuckt. Och do hate mer e Rapport vum Réviseur d'entreprises virleien, deen och näischt un de Konten ze beanstanden hat. An ech géif d'selwecht wéi virdrun och hei d'Chamber bieden, déi Konten ze approvüieren an ech géif eng deementspriechend Resolutioun hei domadder och deposéieren.

**Résolution**

*La Chambre des Députés,*

*- vu le rapport du réviseur des comptes du Centre pour l'égalité de traitement qui estime que « les comptes annuels [...] présentent sincèrement dans tous leurs aspects significatifs la situation financière du Centre pour l'égalité de traitement au 31 décembre 2020, ainsi que du résultat pour l'exercice clos à cette date, conformément aux obligations légales et réglementaires relatives à l'établissement et à la présentation des comptes annuels en vigueur au Luxembourg »;*

*- vu l'accord de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué suite à l'analyse des comptes en question lors de sa réunion du 6 décembre 2021,*

*approuve*

*les comptes de l'exercice 2020 du Centre pour l'égalité de traitement.*

*(s.) Diane Adehm.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Diane Adehm.

An och hei froen ech, ob d'Chamber domadder averstanen ass, fir déi Resolutioun, déi d'Budgetskontrollkommissioun eis virgeschloen huet, à main levée ofzestëmmen.

**(Assentiment)**

**Vote sur la résolution**

Wien domadder d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Resolutioun ass domadder och eestëmmeg ugehall.

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun un de Centre pour l'égalité de traitement weidergereecht.

## 10. Résolution relative aux comptes de l'exercice 2020 de l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher

Mir kommen elo zur Resolutioun iwwert d'Konte vum Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher fir d'Joer 2020. An ech si frou, wann d'Madamm Diane Adehm eis nach eng Kéier dës Resolutioun als Auteur-Rapporteur presentéiert.

**Dépôt et exposé**

■ **Mme Diane Adehm (CSV), auteure.**- Jo, elo awer fir d'lescht haut an da si mer derduerch. Dat heiten ass dann och eppes Neits. Et ass den Ombudskomitee fir Kanner a Jugendlecher. Ech mengen, Dir hutt matkritt, deen huet en neit Gesetz kritt. Deen huet sech nei constituéiert. An do steet dann och dran, dass mir als Chamber sollen déi Konte kucken an déi dann och souzsoen ofseenen.

Dat hu mer dann och an eiser Sitzung vum 6. Dezember 2021 gemaach an der Budgetskontrollkommissioun. Och do hate mer e Rapport vum Réviseur virleien, deen näischt ze beanstanden hat. An ech géif deemno och d'Chamber bieden, déi Konten ze approvüieren. An ech géif heimadder och eng deementspriechend Resolutioun deposéieren.

**Résolution**

*La Chambre des Députés,*

*- vu le rapport du réviseur des comptes de l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher qui estime que « le tableau des recettes et des dépenses [...] a été établi, dans tous ses aspects significatifs, conformément aux règles financières et comptables telles qu'appliquées par l'Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand (ORK) »;*

*- vu l'accord de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué suite à l'analyse des comptes en question lors de sa réunion du 6 décembre 2021,*

*approuve*

*les comptes de l'exercice 2020 de l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher.*

*(s.) Diane Adehm.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Diane Adehm. Same procedure: Ass d'Chamber domadder averstanen, à main levée iwwert dës Resolutioun, déi d'Budgetskontrollkommissioun eis virgeschloen huet, ofzestëmmen?

**(Assentiment)**

**Vote sur la résolution**

Wien ass d'accord mat dëser Resolutioun?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Resolutioun ass domadder och eestëmmeg ugehall.

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun un den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher weidergereecht.

## 11. 7851 - Projet de loi relative au financement de l'exploitation des services publics d'autobus

Mir kommen elo zum Projet de loi 7851 iwwert d'Finanzéierung vum ëffentleche Busbetrib. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Rapportrice vun dësem Projet de loi ass déi honorabel Madamm Chantal Gary, déi d'Wuert kritt, fir de Rapport virzustellen. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics**

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Projet de loi 7851 haut de Moien, geet et ëm dat wuel deierst Finanzéierungsgesetz, dat d'Chamber bis elo virgeluecht krut. De Projet de loi huet zwar nëmmen dräi Artikelen, mee et geet heibäi ëm net manner wéi 1,26 Milliarden Euro aus dem Staatsbudget zwecks Finanzement vum RGTR-Linnebustransport. Dës Depense ass wuelverstane kee järeleche Chiffer, mee verdeelt sech iwwer eng Lafzäit vun zéng Joer, nämlech vum 16. Juli 2022 bis de 15. Juli 2032.

Beim Dépôt vum Text duerch de Ministère huet de Projet nach op enger zäitlecher Rumm vun Ufank 2021 bis Enn 2029 baséiert, ...

**(Interruptions)**

... mee huet awer während der parlamentarescher Aarbecht missen amendéiert ginn. Op déi genee Grënn fir dës Upassunge kommen ech nach méi spët zréck.

**(Interruptions)**

■ **Une voix.**- Pscht!

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice.**- Hannert dësem Projet de loi verstoppt sech an der





Praxis e véierfacht Novum. Et ass net nëmme bis haut dat deierst Finanzéierungsgesetz, mee och dat éischt speziell Finanzéierungsgesetz fir den RGTR-Bustransport. E baséiert och fir d'éischte Kéier op enger europawäiter Marché-publics-Ausschreiwung fir de Lëtzebuerger Bustransport an d'Kontrakter ginn och net méi op zéng Joer verginn, mee mat ënnerschiddleche Lafzäiten.

Déi hei am Projet festgeluecht maximal Finanzrumm betrëfft 32 Loten, déi beim Marché public attribuëiert goufen a vun deenen der 22 ab dem 16. Juli 2022 operationell wäerte sinn an déi zéng aner hoffentlech fir de Juli 2024. Dës lescht zéng Lote si momentan nämlech den Objet vun enger Justizprozedur.

Och wann d'Marché-publics-Gesetz eng maximal Attributionsdurée vun zéng Joer virgesäit, esou gouf am Kader vun dëser éischter RGTR-Ausschreiwung eng Durée vu fënnf bis aacht Joer fir déi 22 Lote gewielt. An deem Sënn erkläert sech dann och déi nei Echeance vun 2032, déi d'Mobilitéitskommissioun per Amendement ugeholl huet.

Dësen Delai baséiert op der Hoffnung, datt mat Bléck op d'Justizprozedur och déi lescht zéng Lote bis spëtstens Juli 2024 kënnen operationell sinn.

An der Vergaangenheet goufen dës Busmarchéen ëmmer just per „gré à gré“ verginn an d'Montanten stoungen da järelech am Staatsbudget, respektiv mer hu se als Chamber dee Moment aljoers mam Budgetsgesetz matgestëmmt, obwuel laut Verfassung an eise Finanzreegele fir Spezialgesetzzer ab 40 Milliounen en extrat Gesetz néideg wier.

Trotz der joerzéngtelaanger Praxis, hat bis dëst Joer nach ni een déi bishereg Prozedur a puncto RGTR-Finanzement bemängelt, weeder de Finanzministère nach de Staatsrot, an dat, obwuel d'Dépensé fir den RGTR schonn am Joer 2000 iwwert dem Seuil vu 40 Milliounen louchen.

Wéi gesot, dëst Joer war déi éischte Kéier, datt d'Prozedur bemängelt gouf an dofir si mer elo hei an d'Prozedur vun spezielle Finanzéierungsgesetz gewiesselt. De järeliche Käschtepunkt vum RGTR-Bustransport huet sech an de leschten 20 Joer vu ronn 51 Milliounen Euro am Joer 2001 op 221 Milliounen Euro am Joer 2021 méi wéi vervéierfacht.

Déi éischt EU-wäit Ausschreiwung war virun allem awer eng kritesch Situatioun fir de Lëtzebuerger Busmarché a fir déi bishereg Linnebusbedreiwer. Si huet grouss Risike fir déi aktuell Firmen an hiert Personal mat sech bruecht an de Verloscht vun et-lechen oder souguer sämtleche Loten u méi gën-schteg auslännesch Busfirmen hätt wuel fir munch Lëtzebuerger Firma finanziell Problemer, Entloosungen, Firmeverkeef oder och Faillitte mat sech bruecht.

De Fazit vun der Ausschreiwung ass awer, datt keng grouss international Busfirma eng Offer fir Lëtzebuerger Linnen ofginn huet. Deemno kann een dovun ausgoen, datt de Lëtzebuerger Service-publics-Linnebusmarché de Big Players aus eisen Nopeschlänner wuel net lukrativ genuch ass.

All d'ëffentlech Buslinnen, déi bis elo attribuëiert goufen, wäerten deemno weiderhi vu Lëtzebuerger Busfirmen exploitéiert ginn.

Da wëll ech nach kuerz op den Historique souwéi op déi aktuell Situatioun vum RGTR-Reseau selwer agoen. Den RGTR, de Régime Général des Transports Routiers also, gouf 1978 gegrënnt a besteet haut aus méi wéi 30 Linnen, déi laut Dossier parlementaire 647 Dierfer zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun ufueren a vun enger ronn 40 private Busfirmen assuréiert ginn.

Déi aktuell Verträge stamen nach aus dem Joer 2009 a waren initial bis 2019 gültig, goufen awer duerno nach eng Kéier bis 2021 verlängert, fir fir d'éischt déi déifgräifend Reform vum ëffentlechen RGTR-Busnetz kënne fäerdeg ëmzesetzen.

An dës Prolongatioun vun den aktuelle Kontrakter ass elo nach eng Kéier bis de 15. Juli 2022 verlängert ginn, esoudatt de Switch op déi nei Operateuren eréischt mam Schluss vum Schouljoer an dem Schoulbuservice stattfënnt. Dat ass wichteg, well dës Schoulbuservice an Zukunft separat geréiert gëtt a keen Deel vun der Ausschreiwung war. De Schoulbuservice gëtt nämlech als „service régulier spécialisé“ consideréiert.

Des Weidere goufen an der Ausschreiwung och déi bishereg „lignes coordonnées RGTR/AVL“ net berücksichtegt. Dës Linne gi momentan iwwer eng Konventioun tëscht dem Staat an der Stad Lëtzebuerg geréiert, vun AVL- a vun RGTR-Busser op héichfrequentéierte Strecke vun der Stad a vun eenzele Randgemengen operéiert a vum Staat bezuelt.

Fir d'Zukunft ass geplangt, d'Kompetenz fir dës Strecken exklusiv der Stad Lëtzebuerg ze iwwerdreen.

Den ëffentlechen RGTR-Busreseau ass mat sengem dichten Netz a mat duerchschnëttlech 125.000 Passagéier den Dag, Stand 2016, nieft der Eisebunn, a fir d'Stadgebitt och dem Tram, genee wéi de weidere Busservicer wéi dem TICE an dem AVL

d'Häerzstéck vum Lëtzebuerger ëffentlechen Transport. Zanter 2016 gouf dësen RGTR-Service Stéck fir Stéck analyséiert a reforméiert, fir nach méi effikass kënnen ze funktionéieren an nach e bessere Service public kënnen unzebidden.

Dës grondleeënd Reorganisatioun vum RGTR-Netzopbau mat besseren Horairen, neie Linnen, enger neier Numerotatioun, enger neier Hierarchie mat Expressbuslinnen, transversale Linnen, regionalen a lokale Linnen ass elo esou gutt wéi ofgeschloss. Opbauend um aktuelle Regierungsprogramm ass eng komplett Elektrifikatioun vum RGTR-Reseau bis 2030 virgesinn an dëst Zil gouf deemno och bei den ekologesche Krittäre vun der Ausschreiwung berücksichtegt. Eng kontinuell Reduktioun vun den Emissiounen bei de Busser wäert heibäi e groussen Impakt net nëmmen op d'Zäregasemissiounen hunn, mee och op d'Loftqualitéit an op d'Gesondheet.

Nieft den ekologesche Krittäre gouf bei der Ausschreiwung awer och en zentrale Fokus op de Respekt vu Sozialkrittäre geluecht a prezis Reegelen zum Schutz vun den Aarbechtskonditiounen a vum Personal an de Cahier des charges agebaut. Soumissionairen hu sech zum Beispill missten engagéieren, mindestens de Kollektivvertrag ze respektéieren an ze applizéieren an och Garantië fir d'Reprise vum Personal am Fall vun engem Operatorswiessel goufe festgeschriwwen.

De Conseil d'État hat keng Opposition formelle zu dësem Projet de loi.

Weider Avice koume vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Salariés, vun deenen der de Resümmee a mengem schrëftleche Rapport konnt noliessen.

Ech muss dann awer och drop hiweisen, datt dëse Méindeg, also no der Adoptioun vum Rapport leschten Donneschdeg an der Mobilitéitskommissioun en Avis complémentaire vun der Chambre de Commerce ukomm ass, an deem se rappeléiert, datt et immens wichteg wier, dëse Projet de loi esou séier wéi méiglech ze adoptéieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn dann och heimadder den Accord vun der gréngeger Fraktioun. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Rapportrice Chantal Gary.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Serge Wilmes. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Serge Wilmes (CSV).**- Merci villmools, Här President. Ech soe fir d'éischt der Madamm Gary villmools Merci fir dee gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport. Si ass op déi wichtegst Punkten hei agaangen. Ech soen direkt, datt mer selbstverständlech als CSV wäerten d'Finanzéierung vum RGTR-Reseau matstëmmen.

Ech mengen, d'Madamm Gary huet an deem Rapport kloer betount, datt et e wichtige Pilier ass vum ëffentlechen Transport. Den RGTR ass net méi ewechzededenken. En ass reorganiséiert ginn. En huet déi Fonctioun, ënner anerem ländlech Regiounen ënner sech mateneen ze verbannen, ländlech Regiounen mat Stied ze verbannen, Stied ënner sech mateneen ze verbannen an och onst Land mat der Groussregioun, mat den Nopeschregiounen ze verbannen, och elo an deene Reorganisatiounen, dat heescht ëmmer méi och derfir ze suergen, datt do, wou keen Zuch fiert, natierlech och d'Leit kënne sou séier wéi méiglech bei den Zuch kommen. Also, et ass e ganz wichtigen Deel vum ëffentlechen Transport, zu deem mer natierlech alleguerte stinn. An dowéinst droe mer déi Finanzéierung do mat.

Ech hätt just zwee Punkten hei ervirzehiewen, an zwar iwwert den neie Marché, dee jo elo attribuëiert ginn ass, wat jo am Mäerz geschitt ass. Dat eent war: Wiwill Entreprises hate virdrun eng Concession? A wiwill kruten der elo ee vun deenen 32 Loten? Dat wier eng Fro, déi ech hätt un de Minister.

An dann ass et och esou: Et sinn elo eng Rei Entreprises, déi virdrun eng Concessioun haten, net méi zrëckbehale ginn. Do ass déi eng oder aner Entreprise dobäi, fir déi dat awer trotzdeem e ganz wichtegt Akkomme war, well et Deel vun hirem Businessplang war, RGTR-Linnen ze fieren. Bon, ech mengen, et huet missen eng europäesch Ausschreiwung gemaach ginn.

Mir kennen alleguerten d'Krittären, déi dozou ageschriwwen ginn a wëssen, datt dee wichtigsten, determinantesten, entscheidendste Krittär u sech dee vun der finanzieller Offer ass, déi ee mécht. A mir selwer kruten déi eng oder déi aner Kandidatur zougespillt, bei där een awer kloer erausgesäit, datt d'Entreprise bei ville Punkte souguer besser ware wéi déi, déi se krut, mee eeben net konnte mathale bei der finanzieller Offer.

Dat ass e bësse schued, well déi verléieren natierlech domadder elo awer Linnen, déi se virdru konnte

fieren. Dat geet natierlech op d'Käschten och vun hirem Business - ganz kloer. Dat sinn dann dacks Entreprises aus de ländleche Raim och gewiescht. Dowéinst ass einfach d'Fro, ... Bon, et ass net aneschtens ze maache gewiescht. Déi europäesch Ausschreibungsreegelen am Marché-publics-Gesetz sinn ewéi se sinn, mee awer d'Fro un lech, Här Minister: Wat kéint eventuell d'Regierung nawell maachen, fir deenen doten awer eventuell zur Säit ze stoen? Dat wier eng Fro, déi ech och nach un lech hätt.

An dann den zweete Punkt: Deel vun deem Marché ass jo och, an dat huet d'Madamm Gary jo och hei ervirgehuewen, well et an der Regierungserklärung drasteet, datt natierlech och den ëffentlechen Transport muss mat säin Effort maachen, datt mer eng Kéier op null CO<sub>2</sub>-Emissiounen kommen an dowéinst déi Elektrifizéierung vun dem RGTR-Reseau eeben och soll bis 2030 gemaach ginn. Déi komplett Elektrifizéierung!

Et ass just ons Fro ... Dir kennt och do ons Positionen dozou. Éischstens war emol déi konkret Fro: Wéi soll dat genee geschéien? Sinn dat eleng dann déi Entreprises, déi do mussen deen Effort maachen? Gi se doranner ënnerstëtzt, eeben och fir déi Bussen anzekafe respektiv de Reseau selwer muss jo wuel och mat Hëllef vum Staat opgebaut ginn, fir datt déi sech kënnen elektrifizéieren a sech och kënnen elektresch ëmstellen.

An zweetens ass awer ons Position, déi do a vun anere gedeelt gëtt, zum Beispill der Chambre de Commerce, éischter déi vun enger Neutralité technologique, datt een net nëmmen awer seet, et muss elektresch sinn, mee sech och oppen hält fir aner Technologien, zum Beispill de Waasserstoff. Mir hunn et méi wéi eng Kéier och betount. Ech kann lech och nëmmen do soen, datt zum Beispill och mir als Stad Lëtzebuerg, wann ech als Vertrieeder vun der Stad Lëtzebuerg ka schwätzen, natierlech och eis Busreseauen amgaang sinn ëmzestellen. A schonn zum groussen Deel si jo schonn elektresch Bussen och bäikaf ginn.

Mir halen eis awer och do de Choix oppen, ob et net och soll op de Waasserstoff weidergoen. A mir wëllen zum Beispill och gären elo Waasserstoffautobussen emol erëm eng Kéier kafen, och Gefierer fir d'Hygiène zum Beispill. Well grad bei deene schwéiere Gefierer ass awer de Waasserstoff eng Zukunftstechnologie a mir si souguer amgaang, driwwer nozededenken, ob mer net sollen och op enger Propriétéit, déi der Stad Lëtzebuerg gehéiert, eeben och eng Waasserstofftankstell dann an deem Moment oprichten, déi souguer och accessibel wier fir de Public, well mer eeben déi Technologie awer och gäre wëllen ënnerstëtzen.

Do wier awer och d'Fro, ob et net wichteg wier, datt een och als Regierung sech do weiderhin och déi Technologien oppen hält an net nëmmen alles op dat Elektresch dréckt, och wann et natierlech e wichtigen Aspekt dovunner ass. Dat ass eeben och e Punkt, bei deem et eis wichteg ass, deen hei ze betounen.

Soss soen ech nach eng Kéier, datt mer deen heite Projet de loi matstëmmen. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wilmes. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Max Hahn (DP).**- Merci, Här President. Wann eng Rapportrice esou komplett ass, wéi dat hei de Fall war, da kann een als Riedner sech ganz kuerz halen. An ech géif dann der Rapportrice just gäre Merci soe fir hir zwee Rapporten, souwuel dee mëndleche wéi dee schrëftlechen an ech géif dann heimat och den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hahn. An da wier et un der honorabelen Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).**- Jo, merci, Här President. Och vu mir e Merci un d'Rapportrice. Merci fir den historeschen Iwwerschlag, dee se gemaach huet, wat den RGTR fir Lëtzebuerg scho vun der Vergaangenheet hier bedeit huet an och iwwert den aktuelle Stand.

Fir d'LSAP war et extreem wichteg, dass de soziale Volet och bei den Ausschreiwunge berücksichtegt gouf an dass d'Personal natierlech och soll am Kollektivvertrag kënne matberücksichtegt ginn.

Déi kleng Entreprise wäerten och nach hir Grimmele kréie vun deem groussen Kuch, an zwar iwwert den Outsourcing, sou wéi ech et och an der Kommissioun gewuer gi sinn, soudass ech mengen, dass mer hei zu Lëtzebuerg quasi och jiddwereen iwwert dëse Wee nach kënne mat an d'Boot huelen.

Et wär natierlech viles ze soen, wat den RGTR betrëfft. Mee erënnere mer awer drun, dass mer et hei mat engem Finanzéierungsgesetz ze dinn hunn an dofir sinn et haaptsächlech Zuelen, déi eis an dësem Fall interesséieren. An dofir nach eng Kéier

merci a selbstverständlech wäert d'LSAP hei hiren Accord ginn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hemmen. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Jeff Engelen.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här President. Fir unzefänken en häerzleche Merci der Madamm Chantal Gary fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass alles gesot. Ech mengen do bräicht ech net méi vill ze ergänzen. Et ass e Service, dee mir hei am Land dréngend brauchen! Ech mengen, en ass net méi ewechzededenken an duerfir gi mir eisen Accord zu dësem Gesetz.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Engelen. An da wier et un der honorabelen Madamm Myriam Cecchetti.

Do ass se!

(Hilarité)

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Merci. Här President, bei esou engem Gesetzesprojet geet et jo ëm d'Finanzéierung vum RGTR-Reseau iwwer zéng Joer fir e Gesamtmontant vun 1,26 Milliarden Euro, dee jo vu private Busunternehmen ëmgesat gëtt. Dat ass virun allem eng Formalitéit, well d'Würfele si jo scho laang gefall.

De fundamentale Wiessel, fir eng europäesch Ausschreiwung ze maachen, hat am Virfeld ganz vill Suergen a Kriticke mat sech bruecht. Och déi Lénk haten hei am Parlament do virdru gewarnt. D'Gefor huet fir eis virun allem doranner bestanen, datt grouss Boitte mat Loundumping an op Käschte vun der Qualitéit déi lokal Exploitanten ausstiechen a futti kéinte maachen, mat alle soziale Konsequenzen, déi dat fir d'Mataarbechter da mat sech bruecht hätt.

Bon, mat hire relativ strikten Oplagen huet d'Regierung dee ganze Prozess enk encadréiert an esou e „worst case“ verhënnert. Wichteg war dobäi virun allem d'Exigenz, de Kollektivvertrag ze respektéieren, wéi och schonn déi honorabel Deputéiert Madamm Cécile Hemmen virdru gesot huet. Letztendlich hale sech déi konkret Verännerungen um Terrain also wierklech a Grenzen. Mee et gëtt awer Verännerungen um Terrain, an dat muss op där heiter Plaz och ganz kloer gesot ginn.

Net all déi besteeënd Exploitante konnten d'Lote gewannen, well se beim Präisdrock vun deene méi groussen Betriber net konnte mathalen. Net alle guerte wäerte fir déi grouss Betriber kënne sous-traitéieren. Eng hallef Dose kleng Busbetriber, vun deene Verschiedener scho säit den 1950er-Joren existéieren, wäerten dat heite viraussiichtlech net iwwerliewen, et sief dann d'Regierung hätt nach aner Servicer ze verginn, un deene si sech kéinte bedeelegen, wat mir natierlech géife staark begrëissen!

Mir als déi Lénk si generell géint eng Konzentratioun vun den ekonomeschen Aktivitéiten an den Hänn vun enger ëmmer méi klenger Unzuel vu groussen Sociéitéiten, well privat Monopoler sinn ni gutt.

Mir sti fir eng dezentral organiséiert Wirtschaft mat ville klengen lokalen Acteuren. An deem Sënn bedauere mir, datt elo mat dëser Ausschreiwung kleng Traditionsbetriber kéinte verschwannen a schléissen eis och do de Froe vum honorabelen Deputéierte Serge Wilmes op sengem éischte Punkt un.

Dës kleng Busbetriber, déi net konnte mathalen, hunn natierlech och Salariéen.

#### (Coups de cloche de la présidence)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Wannechgelift! Et ass just een, deen d'Wuert huet, an dat ass d'Madamm Cecchetti fir de Moment. Merci.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Merci, Här President. Et ass ganz schéin, wa just een heibanen dierf d'Wuert hunn an all déi aner mussen nolauschteren.

#### (Hilarité et coups de cloche de la présidence)

Laut Cahier des charges mussen d'Gewënner d'Mataarbechter vun de Verléierer astellen, virausgesat si hu selwer net genuch Personal, vu datt d'Exploitante just 80 % vun hire Salariéë musse mat CDI astellen an datt se kënne bis zu 33 % vun hire Servicer sous-traitéiere loossen, wäerte warscheinlech net all Buschauffeuren direkt iwwerholl ginn. Fir all déi Leit gëllt et, konkret Léisungen ze fannen, wéi och schonn den honorabelen Deputéierte Serge Wilmes virdru gesot huet.

D'Sous-traitancen an d'Deelzäitaarbecht wäerten iwwregens och mat ee Grond sinn, firwat datt déi méi grouss Betriber konnten deelweis 20 % ënnert den Offere vun deene Klengen bleiwen, wat jo awer och net normal ass.

Et war mir wichteg, dat hei unzeschwätzen. Mee well et an dësem Gesetz jo awer virun allem ëm de Finanzement vum ëffentlechen Transport geet, dee mir natierlech ënnerstëtzen, wäerte mir dat Gesetz finalement och matstëmmen. Merci fir d'Nolauschteren.





■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Also dëst Gesetz ass fir eis och eent vun de Kärstécker fir de gratis ëffentlechen Transport an als Piraten befirworte mer deen natierlech.

Wat eis besonnesch gutt gefall huet, ass am Kader vum Klimaschutz, dass den RGTR an Zukunft wäert emissiounsfräi fueren, egal op wéi eng Technik dass een herno zrëckgräift, mee e wäert herno emissiounsfräi sinn. An et ass dat de Message, dee mer musse ginn, dass den ëffentlechen Transport dat Bescht ass, wat mer kënnen maache fir de Klimaschutz.

An ech hat dem Minister do an der Kommissioun jo och schonn e puer Froe gestallt. Et gëtt am Süde jo nach den TICE, deen am Moment mat Gas fiert, wéi de Minister dat da fir d'Zukunft bewäert, ob de Gasbus wäert weiderhinn dee sinn, wou een an Zukunft drop setzt, oder ob am Süden och eng gréisser Erneuerung vun der Flott da misst kommen, fir op eng aner Technik ze setze wéi den aktuellen Äerdgas beim TICE.

Et ass awer och esou, zum Beispill bei eis an der Gemeng waren nun emol zwou kleng Busentrepisen an Tëschenzäit, och weinst der Reform vum RGTR. Wéi de Patron mer gesot huet, hu se sech dann entscheet - deen ee bei deen ee Groussen, deen anere bei deen anere Groussen -, hir Entreprise weiderzeginn, fir eeben op deem Marché awer kënnen weiderhin ze bestoen, well et awer, wéi ech mer soe gelooss hu vun de Patrone vun der Entreprise, guer net esou einfach war, wann een nëmmen 10, 15 Bussen huet, fir iwwerhaupt ze iwwerliewen, fir bei den Ausschreiwunge matzemaachen. An deementspriedend hu si d'Decisioun geholl, fir sech deene Groussen unzeschleissen.

An der Kommissioun hat ech och eppes ugeschwat, wat fir eis Piraten immens wichteg wär, an dat ass, dass am RGTR, och an den Ausschreiwunge schonn, e gratis Wifi am Bus misst méiglech sinn. Do krut ech leider an der Kommissioun gesot, dat wär hautzudaags mat der Couverture vum Réseau net méiglech. Do war ech e bëssen iwwerrascht. Den Här Digitalminister war jo virdrun hei. Also ech war e bëssen iwwerrascht, dass mer hei am Land net genuch Réseau hätten, fir eis Bussen op eemol mat Wifi auszustatten. Dat ass eppes, wou mir Piraten awer soen, dat misst een awer elo bei den Ausschreiwunge vum RGTR nach eng kéier nobeseren. Et ass vläicht iergendzwoousch eng Minutt, wou da keen Netz ass, mee et kéint een awer déi Bussen hautzudaags, wann ee wëllt digital fit sinn, mat engem gratis Wifi ausstatten, wat eigentlech am Ausland an och a ländleche Busse scho méiglech ass.

Mir wäerten eisen Accord heizou ginn an och nach eng kéier merci dem Chantal Gary fir dee gudder Rapport.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier a Mobilitéitsminister François Bausch.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Merci, Här President. Merci alle Riedner fir hir Beiträg a virun allem och fir déi ganz breet Zoustëmmung. Et gëtt jo Unanimitéit. Dat freet mech. Ech wollt och der Madamm Gary Merci soe fir hire gudder schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech wollt e puer Remarque maachen allgemenger Natur an dann op déi Froen agoen, déi gestallt gi sinn. Fir d'éischt emol allgemeng: Dat hei war eng ganz schwéier Geschicht, well et ass am Fong den Ofschluss vun engem laange Prozess, deen ech voll aacht Joer hu misse begleeten.

Dir wësst, dass mir als Land dat lescht Land sinn, wat hei d'Direktiv, déi europäesch Direktiv, respektéiert oder net respektéiert hat virdrun. Mir si wierklech schlusslicht hei. A mir hunn hei probéiert, eeben esou laang wéi méiglech mat allerleschten Delaien ze schaffen, fir dat hei op dee Wee kënnen ze maachen. An d'Resultat, ech kommen nach drop ze schwätzen, léisst sech weisen.

Et ass och esou, dass den nämmlechten Exercice ... wat nach dobäi komm ass, dat ass jo déi Fro, dass mer elo e Finanzéierungsgesetz hei maachen. Et ass jo effektiv, wéi d'Madamm Gary gesot huet, ech mengen, et ass dat deierst Gesetz, wat an der Chamber jeemools wäert gestëmmt ginn. Ech soen lech awer direkt, et wäert nach getoppt ginn an dëser Legislaturperiod vun engem weidere Gesetz warscheinlech, dat an déi nämmlecht Richtung geet, dat ass den neie Contrat service public mat der CFL. An dat ass natierlech nach méi deier wéi dat heiten.

Mir wäerten och warscheinlech eppes Änlech misse maache fir Luxtram, well vu dass jo elo déi Reegel do definitiv kloer ass, dass par rapport zu

der Constitutioun dat, wat an der Vergaangenheet gemaach gi war iwwer Joerzénkten, wou och ni ee sech dru gestouss huet, net méi geet, dass mer hei müssen allkéiers e Finanzéierungsgesetz maachen iwwer eng gewësse Lafdauer, zéng Joer an deem heite Fall, dass dat da muss gemaach ginn.

Mee bon, ënnert dem Stréch, wéi gesot, ass et gutt gaangen, fannen ech, net nëmmen, well mer jo elo d'Gesetz och hei hunn, mee och well d'Ausschreiwung gutt gelaf ass. Meng gréisste Suerg war éischens, dass sozial gesinn, d'Kierch am Duerf bleift, dass mer eeben net bëlleg Low-Cost-Firmen op Lëtzebuerg kréien, déi dann hei Sozialdumping géife maachen an dann effektiv ënner Konditiounen géife fueren, déi mer eigentlech zu Lëtzebuerg net wëllen, zumindest dës Regierung net wëllt.

An déi zweet Suerg war natierlech, dass mer och generell ... well et geet net nëmmen ëm Low-Cost-Firmen, et geet och ëm grouss Operateuren am Ausland, d'Deutsche Bundesbahn an nach anerer, déi natierlech och andauernd nogefrot hunn, wéini mer et géifen ausschreiwen. Well dat hei ass jo awer e substantielle Marché, wann Der kuckt vun dem Montant, deen ze verdéngen ass. An do war schonn zu gewësse Momenter gewëssen Interessen, fir sech kënnen zu Lëtzebuerg hei och eng Part vun deem Marché do ze huelen.

Mee well mer d'Konditiounen esou gestallt hunn, dass een och eng Assise muss hunn zu Lëtzebuerg - déi Fro vum Kollektivvertrag an esou weider -, huet dat leider dozou gefouert, dass mat grousser Warscheinlechkeet kee vun deenen eng Offer iwwerhaupt ofginn huet, an effektiv just de Lëtzeburger Marché konnt spillen, also déi Lëtzeburger Entrepisen hei matgemaach hunn.

Ech muss soen, ech sinn e bëssen iwwerrascht, well ech kann zwar d'Froe verstoen, déi verschidden Deputéierte gestallt hunn, dass gesot gëtt: „Jo elo sinn hei kleng Entrepisen, déi awer beim Präisdrock net konnte mathalen an déi sinn hei duerchgefall, respektiv konnten duerfir näischt kréien.“ Dat entsprécht nämlech net der Realität.

Éischens: Déi kleng Entrepisen, wëll ech lech soen, déi hu sech guer net schlecht geschloen an deem Marché hei an déi hu sech natierlech schlau ugeluucht a sech och natierlech oft associéiert mat anere méi groussen. An et ass och net weinst dem Präisdrock, dass mer de Moment zum Beispill zwee Litigen hunn, mee weinst klore Formfeeler: d'Bordereauen, déi falsch ausgefëllt waren, déi natierlech - wou d'Ausschreiwungsgesetz relativ kloer ass - da maachen, dass een natierlech außen vor ass an där Geschicht.

Den Här Wilmes huet mech gefrot: „Wivill waren et der virdrun a wivill sinn et der haut?“. Mir si vun 32 Kontrakter op haut ... Also dat si jo verschidde ner ..., et ass ee Kontrakt, mee et si jo verschidde Firmen oft ënner engem Kontrakt. Mir si vun 32 op 20 erfogaangen. 18 sinn der scho verginn oder si prett, fir verginn ze ginn, soubal d'Gesetz gestëmmt ass. A bei zwee hu mer nach e juristesche Litige, déi si virum Geriicht. A genau déi zwee, do geet et eeben net ëm de Präis, mee do geet et ëm Feeler an de Bordereauen, déi gemaach gi sinn. Dat ass eppes komplett aneschers.

Bon, d'Gerichter müssen elo decidéieren, ob mir Recht hunn oder ob d'Entreprise Recht huet. Mir liewen an engem Rechtsstaat, dat ass esou. Mee fir de Rescht ass grosso modo gesinn ... virun allem ganz vill Klenger, déi hunn hei iwwerhaupt kee Problem gehat, well se sech gutt organiséiert haten a sech mat aneren associéiert haten an duerfir och hir Part du marché kritt hunn.

Ech wëll awer och prinzipiell soen: Et ka jo net sinn, dass et dem Staat seng Aufgab ass, fir a priori ze soen: „Majo, mir müssen duerfir suergen, dass hei genuch Busentrepisen zu Lëtzebuerg sinn.“ Mir hu jo awer e Marché, dee spilt! An dat war souwisou och virdrun esou. Virdrun ass dat zwar net iwwer eng Ausschreiwung gelaf, mee dann ass eebe mat der FLEAA eng Negociatioun gefouert ginn. Do waren och all déi nämmlecht regroupéiert an do hunn déi nämmlecht Schwierigkeete sech gestallt an deenen Diskussiounen, wéi se sech och elo hei gestallt hu bei der Ausschreiwung.

Also, wéi gesot, ech mengen, et muss een ëmmer oppasse bei aller Virléift a bei allem natierlech, dass een net muttwëlles Entrepisen a Schwierigkeete bréngt. Do si mer eis eens. Hei ass et awer net weinst dem Präisdrock, wou Verschiddener Schwierigkeeten haten, fir kënnen en Optrag ze kréien.

Da wollt ech eppes soen zu dem ... well jo och Froe gestallt gi sinn zu der Elektromobilitéit, also zu der Dekarboniséierung vum Bus. Ech weess net, wou ëmmer hierkënn, dass gesot gëtt oder gemengt gëtt, d'Regierung géif just de Stroom gesinn an déi aner Techniken net. Mir sinn technikoffen.

De Moment ass et awer esou, dass bei de Bussen de Stroom, dat wat do um Marché ass, dat effikasst ass an och d'Probabilitéit grouss ass, dass dat an deenen nächste Joren esou wäert bleiwen, d'autant plus wou mer jo awer hei vu Busse schwätzen, déi ënnert dem Stréch Kuerzstrecke fueren. Mir

schwätzen net vu Reesbussen an esou weider. Zum Beispill de Waasserstoff, sinn ech iwwerzeegt, kënnt ganz sécher eng kéier fir Reesbussen a fir aner Saachen. Mee bei kuerzen Distanzen - on verra -, vläicht kënnt och eng kéier do nach eppes anescht, eng aner Technik. Also do si mir op alle Fall oppen.

D'Zil ass, 2030 eng Null-Emissiouns-Flott ze hunn. A priori ass dat de Moment elektresch. Mee wa Waasserstoff sollt eng kéier derbäikommen, wann dat interessant ass - firwat net och där huelen? Also do hu mir absolutt keng Scheiklappen a mir sinn oppen dofir an oppe souwisou fir all déi Technologien.

Zu der Fro mat der Waasserstofftankstell: Där kënnt eng, an zwar gëtt eng gebaut op dem Multimodal zu Beetebuerg. Do si mer och esou wäit um Schluss mat der Planung. Déi wäert och elo relativ séier gebaut ginn an déi gëtt och accessibel fir de Public, well dat ass eng Tankstell, déi mer wäerte bauen och am Kader vun engem europäesche Projet. Dat heescht, mir kréien do e bëssen Aidé vun der europäescher Unioun, an do ass eng Konditioun, dass déi Tankstell muss accessibel si fir jiddwereen. Dat heescht, déi wäert am Multimodal op enger Plaz gebaut ginn, dass se natierlech ... mir denken awer haaptsächlech un d'Camionen.

Och d'CFL, dat kann ech lech och hei soen, huet e Projet fir eng Waasserstoffrangéiermaschinn ze kafen, als Pilotprojet, fir ze kucke mat Waasserstoff ze experimentéieren, well mir hunn natierlech zu Lëtzebuerg en elektrifizierten Eisebunnrsseau. Mee de Waasserstoff wäert och beim Zuch eng Roll spillen, entweder bei Strecken, déi ganz grouss, laang Strecke sinn, wou keng elektresch Infrastruktur ass a wou et och vum Finanziellen hier immens deier wär an opwänneg wär, dat ze maachen, wou warscheinlech de Waasserstoff an der Zukunft bei Zich ganz interessant gëtt, oder zum Beispill bei Rangéiermaschinnen, ganz kloer, déi haut mat Diesel fueren, wat net immens ass.

Bon, wéi gesot, d'CFL wäert do e Pilotprojet maachen an da wäert do getankt gi fir si, oder och verschidde Camione wëlle se warscheinlech kafe. Mee mir wäerten dann déi Tankstell awer och opmaache fir de Public, dat heescht, et kënnen do sougutt Privatautoen wéi och aner Camionneuren oder Bussen, wa se wëllen, Waasserstoff tanken.

Et gëtt nach en anere Projet, bon, zu deem wollt ech awer haut nach näischt soen, well deen ass nach net ganz esou wäit. Mir wäerten och am Zesummenhang mam Flughafen eppes maachen. Mee dat wäert ech lech eng kéier virstellen, wann alles bis fest ass a sécher ass, well ech hu keng Loscht, eppes unzekënnegen, wat nach net definitiv ass a wou ech net sécher sinn, dass et och herno fonctionéiert. Et steet ganz gutt, dass mer do och wäerten e Projet hikréien. Mee dat huet eng aner Envergure, do geet et ëm de Fluchverkéier. Dat wäerte mer eng kéier dann zu engem aneren Zäitpunkt diskutéieren kënnen.

Et ass och gesot gi mam Personal: d'Sous-traitance, wat heescht dat? Also ech kann lech soen: Mir hu jo méi Kontrakter, well mir fuere jo vill méi Kilometer wéi virdrun. An de Moment fanne mer net genuch Chauffeuren um Lëtzeburger Marché, fir iwwerhaupt déi Kontrakter ze fueren.

Et ass éischer de Problem am Moment, dass d'Entreprisé gär géife méi astellen, mee si fanne keng Chauffeuren. Dat ass ee groussen Challenge, fir Buschauffeuren ze fannen. Niewebäi bemierkt, bei de Camionschauffeuren ass et zu Lëtzebuerg och net vill besser.

Ech hat och schonn eng Entrevue mat den ..., dat war elo méi mat de Camionstransportereuren. Ech wäert nach elo an der nächster Zäit eng mat der FLEAA hunn, fir doriwwer och ze schwätzen. Mee dat ass net einfach, well mir ginn haut scho wäit rekrutéiere bei Frontalieren an dee Marché ass zimmlech opgesuckelt. A mat deem, wat mir hei méi fueren, ass et kloer, dass dat d'Saach an där Hisiicht net besser mécht. Mee, wéi gesot, et brauch kee sech do Suergen ze maachen. Mir hunn éischer eng Penurie u Chauffeuren, wéi dass iergendeen näischt ze fueren hätt an Zukunft. Duerfir wäert dee Problem sech och net stellen.

Wéi gesot, nach eng kéier, Här President, merci. Et ass e wichteg Gesetz, mengen ech, fir dass mer elo kënnen déi Kontrakter och ënnerschreiwen. Mir hunn eng Iwwergangszäit nach bis de Juli d'nächst Joer. Mee wa mer d'Gesetz haut stëmmen, dann trëtt dat jo relativ séier a Kraaft an da kënnen mer déi 18 Kontrakter vun deenen 20 schonn ënnerschreiwen. An da musse mer nach kucken, fir bei deenen aneren zwee viru Gericht nach eng kleng Transitiounsléisung ze fannen. Mee déi kréie mer awer geléist an dann hoffen ech, dass mer awer och do déi Urteeler séier kréien, dass mer wëssen, wou mer dru sinn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch. Parole après ministre fir den Här Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här Minister, fir d'Erklärungen. Also ech si ganz bei lech bei den Techniken. Ech hat just nach gefrot, wéi et da mam Gas ass, wou mer jo am Süden esou e Réseau hunn, ob dat an Zukunft wäert sinn oder ob de Gasbus dann och éischer wäert fortkommen. Den TICE ass jo deen, deen dee grouss bedreift.

An déi zweet Fro war nach mam Wifi am RGTR.

Merci.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Also et ass ganz kloer: Mäi Wonsch ass et, fir 100 % ze dekarboniséieren. An den TICE huet natierlech virun enger Rei Joren op déi Gastechnik gesat. Si fonctionéiere jo vill mat Biogas. Deen ass jo elo natierlech weesentlech besser scho wéi Äerdgas, d'Emissiounen sinn op 10 % reduzéiert. Mee dat ass awer egal. Dat ännert näischt drun. Dat ass net den Optimum, ganz sécher. Bon, elo musse mer eng kéier mam TICE zesumme kucken, wéi mer déi Schrëtt maachen. Mee d'Zil soll awer och ganz kloer sinn, fir den TICE an déi nämmlecht Richtung ze kréien.

Dat Zweet ass dat vum Wifi: Also mir wëlle jo gär den CFL-Réseau komplett ekipéieren. D'Garen, do si mer gutt am Rennen. Den Zuch: Mat deem neie Material, wat elo wäert kommen, gëtt et och scho méi einfach, well dat ass vill besser virekipéiert wéi dat Material, dat mer haut hunn.

Mee och beim Zuch hu mer nach déi nämmlecht Problemer mat Lächer am Réseau. Mee ech ginn awer dovun aus - ech muss eng kéier mam zoustännige Minister fir d'Post, mam Här Franz Fayot, kucken, dee jo zoustänneg ass fir d'Infrastruktur do, och elo mam 5G an esou weider -, dass dat vill méi séier wäert goen. Also den Objektiv ass schonn, och bei der RGTR-Flott eng kéier dat unzebidden, ganz kloer. Mir wëlle gär e moderne Réseau hunn, wou den digitalen Zougang iwwerall méiglech ass.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An dann nach Parole après ministre fir d'Madamm Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Jo, entschëllegt, ech wollt just ganz kuerz op dat agoen, wat den Här Minister gesot huet. Dee Fall, vun deem ech elo geschwat hunn, dass ass effektiv ee Fall vun engem Betrib, dee wierklech elo a schlechten Dicher ass. Ech wëll lech just d'Beispill soen, wéi et bei deem gaangen ass. Deen ass gefuer fir 2,95 Euro de Kilometer. En huet eng Offer gemaach fir 2,45 Euro de Kilometer an eng méi eng grouss Boite huet dann den Zouschlag kritt fir 1,97 Euro de Kilometer. Dat si jo Welten, déi do dozweeschent leien. An da muss ee sech jo och froen, wéi dat zustane kënnt.

Dat ass e klenge Betrib. Ech mengen, dee bezilt seng Leit uerdentlech. Ech wëll elo net soen, dass déi grouss Boitten hir Leit net uergendlech bezuelen - guer net, absolutt net. Dat ass e klenge Betrib, dee sech och elo net d'Tasche voll mécht. Mee do gesäit een awer den Ënnerscheid an do kënnen Klenger einfach net mathalen.

De Mann probéiert natierlech seng fénnef, sechs Chauffeuren elo bei deem groussen Betrib ënnerzekeréien. Hie mécht elo säi Bescht, well e muss wierklech zoumaachen. Mee dat ass einfach dat: Et ginn der awer nach, déi duerch de Raster gefall sinn.

An Dir hutt et ganz richtig gesot, mir hunn e Problem mat Chauffeuren, souguer scho beim TICE, wou d'Aarbechtskonditiounen, mengen ech, nach besser si wéi bei deene Privaten. Et ass oft eng Saach vu Kollektivverträ, vun Aarbechtszäiten. An dofir ass et immens, immens wichteg, dass Der dorobber gepocht hutt, dass déi Kollektivverträ agehale ginn, well ech mengen, dass ass den A und O. A wa mer gär hätten, dass méi Leit sech fir deen do Beruff interesséieren, musse se uerdentlech Konditiounen hunn, si müssen uerdentlech Aarbechtszäiten hunn. An dat ass immens, immens wichteg. An dat ass awer op verschiddene Plazen nach ëmmer net esou evident. Et héiert ee jo awer emol Kriticken. Ob se ëmmer berechtegt sinn, weess ech net. Mee ech soen, ëmmer wann ee Kriticken héiert, dann ass awer och meeschtens eppes hannendrun.

Also mir hunn dat elo net einfach gesot, fir iergend-eppes hei ze soen. Mee et war schonn op e konkrete Fall bezunn, wou Leit un eis erugetruede sinn an déi wierklech eng Traditionsfirma hunn an déi natierlech schwéieren Häerzens déi müssen zoumaachen. Et ass e Liewenswierk gewiescht. Dat versteet een awer och an dofir ass et, wéi gesot, esou wichteg, déi Konditiounen an deem ganze Secteur do am A ze behalen. Voilà.

Merci.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Très bien!

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Also ech hu Verständnis fir alles an ech hunn och Verständnis dofir, dass Leit un d'Deputéierten eruntriiede mat hire Suergen, an dass d'Deputéierten déi och heihinnerbréngen. Mee an der Praxis ass et awer meeschtens e bësse méi





kompliziert. Bon, wéi gesot, wann ee säi Betrib muss ophalen ..., mee do gëtt et warscheinlech awer villfältig Grënn. Et ass menger Meenung no e bëssen ze einfach, fir ze soen, dat ass hei elo just de Präis. Mee bon, enfin, ech mengen, d'Chamber ass jo och net d'Plaz, fir dat am Detail ze diskutéieren. Mee gleeft mer es: Et gëtt der awer vill, déi och kleng sinn, déi hunn dat ganz schlaue gemaach, déi hu sech gutt ugeluecht an déi hunn och hir Opdrägg kritt.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Nach eng Kéier merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7851. Den Text steet am Document parlementaire 7851<sup>6</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7851 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7851 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Gilles Roth), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen, et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M.Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### **(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## 12. Ordre du jour (suite)

Op Ufro vum Rapporteur a mam Accord vun der Justizministesch gëtt proposéiert, d'Justizprojeten, déi um Ordre du jour vun de Mëtteg stinn, op dee vun de Moien ze verréckelen ...

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- ... esou datt déi nom Projet de loi 7819 däerfen un d'Rei kommen. D'Reiefolleg wier dann deemno déi follgend: d'Proposition de loi 7793, d'Projets de loi 7916, 7917, 7918, dann de Projet de loi 7908 an dann de Projet de loi 7533A.

Ass d'Chamber mat dëser Ofännerung vun dem Ordre du jour averstanen?

#### **(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

## 13. 7928 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 juin 2020 portant introduction de certaines mesures temporaires relatives à l'application de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Mir kommen elo zum Projet de loi 7928 iwwert d'Aféiere vu verschiddenen temporairë Moossenamen am Kader vum fräie Verkéier vun de Leit an de Migranten. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapporteur vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

#### **Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile**

■ **M. Yves Cruchten (*LSAP*)**, *rapporteur*.- Merci, Här President. Ech wëll de Kollege soen: Laaft net fort, well dat hei geet, mengen ech, ruckizuck!

#### **(Hilarité)**

Et geet, wéi ech gesot hunn, Här President ... Et sief dann den Här Kartheiser mécht nach e groussen Exposé, mee ...

#### **(Interruption par M. Fernand Kartheiser)**

Jo, jo, natierlech, wéi ëmmer wäert Der gesinn, Dir wäert herno iwwerzeegt sinn.

Mir stëmmen hei, wéi Der richteg gesot hutt, Här President, eigentlech d'Verlängerung vum Gesetz vum 20. Juni 2020, wou mer temporaire Areesbeschränkunge fir Leit aus Drëttstaaten decidéiert haten. Dëst ass eng europäesch Bestëmmung, déi awer elo den 31. Dezember vun dësem Joer ausleeft. A mat dësem Gesetz ginn déi Areesbeschränkunge bis den 30. Juni 2022 verlängert.

D'Kommissioun ass e Méindeg zesummekomm, huet e Méindeg de Projet presentéiert kritt, e Rapport genannt an och schonn e Rapport gestëmmt. Duerfir géif ech gären all de Membere vun der Kommissioun Merci soe fir hiert Versteesdemech an hir Flexibilitéit. An ech ginn heimadder den Accord vun der LSAP.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools dem Rapporteur, dem Här Yves Cruchten.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen.

#### **Discussion générale**

■ **M. Claude Wiseler (*CSV*)**.- Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur villmools Merci fir dee gudden a kuerze Rapport. An ech ginn och den Accord vun eiser Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Wiseler. An da wier et um honorabelen Här Gusty Graas.

■ **M. Gusty Graas (*DP*)**.- Also fir d'Dynamik net ze bremse vun deem wichtege Rapport do, soen ech och dem Rapporteur e grouse Merci a bréngen d'Zoustëmmung vun der DP.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Graas. An d'Wuert geet weider un d'Madamm Stéphanie Empain.

■ **Mme Stéphanie Empain (*déi gréng*)**.- Villmools merci, Här President. Ech wollt elo ee Moment maachen, wéi wann ech géif op d'Pult goen, mee ech maachen dat dann awer léiwer net. Ech géif dann och just villmools Merci soe fir de Rapport a ginn och den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Empain. Ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Merci, Här President. Mir sinn de Moien heihinnerkomm, fir dat hei net ze stëmmen. Mee ech muss soen, wien dem Här Cruchten nogelasschert huet, ...

#### **(Hilarité)**

... dee kann dat heite wierklech nëmmen ënnerstëtzen. Ech soen em dofir villmools Merci an d' ADR dréit dat hei natierlech mat. Merci.

■ **Plusieurs voix**.- O!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert weider un den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Et deet mer elo leed fir d'Kolleegeinnen an d'Kolleege. Ech muss d'Dynamik e bësse bremsen.

#### **(Brouhaha)**

Ech soen als Éischt dem Rapporteur villmools Merci fir säi ganz succinte Rapport. Normalerweis soen ech „fir dee laangen, ausféierlechen, detailléierten“. Dës Kéier war et e ganz succinten. Et ass jo och kee grouse Projet.

Et ass elo esou, datt mer de Projet ënnerstëtzen. Dat kann ech lech soen. Ech wëll awer vläicht zwou Saache ubréngen. Dat Eent dat ass: U sech fannen ech et ganz schued, datt mer Südafrika dofir bestrofen, datt hire Gesondheetssystem déi Variant detektéiert huet an datt mer eis hei misste generell als Europa an als Welt d'Fro stellen, wéi mer an Zukunft mat deene Länner ëmginn, déi u sech Varianten als Éischt detektéieren an net forcement déi waren, wou d'Variant hiren Ursprung geholl huet. Well et ass gutt méiglech, datt déi Variant iergendwou anescht schonn zirkuléiert ass an einfach net detektéiert gouf.

Mir sollten d'Länner fir d'Teste belounen, fir d'Sequençagé belounen a mir sollte se net penaliséieren duerch Reesbeschränkungen, wa se dann effentlech annonciéieren, datt se eng Variant fonnt hunn, well wa mer se penaliséieren, féiert dat just derzou, datt national Gesondheetssystemer iergendwann den Interêt hunn, näischt méi ze mellen. An da verliere mer den Iwwerbléck iwwert d'Pandemie nach méi wéi souwisou.

Den zweete Punkt - an ech mengen, dat ass een, deen ech dann awer e bësse kokass fannen -: Mir schreiwen hei am Gesetz, datt San-Marinesen däer-

fen a Lëtzebuerg areesen a gläichzäiteg soe mer mat deem Text, dee mer de Mëtteg als Verlängerung vum Covidtext stëmmen, datt verschidden Impfcertificaten aus San Marino net uerkannt ginn zu Lëtzebuerg, fir vun den 3G- oder 2G-Reegelen ze profitéieren. Dat läit dorunner, datt San Marino ënner anerem mat Sputnik geimpft huet, deen net vun der EMA uerkannt ass an doduerch och net zu Lëtzebuerg.

Et ass also e bësse kokass, datt mer engem Land soen: „Jo, Dir hutt u sech libre Circulatioun, mee faktesch kënn der se net notzen, well verschidde Biergerinnen a Bierger mat engem net autoriséierte Vaccin geimpft sinn.“ Also dat soll een dann och éierlech soen. D'San-Marinese kënnen elo weider reesen, mee wa se dee falsche Vaccin am Blut hunn, da si se awer erëm blockéiert. Dat war awer e Kritikpunkt, deen ech hei nach wollt ubréngen. Fir de Rescht ass d'Gesetz fir eis ok a mir wäerten et matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert.

■ **Une voix**.- Et ass alles an der Rei.

#### **(Hilarité)**

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Alles an der Rei. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7928. Den Text steet am Document parlementaire 7928<sup>2</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7928 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Félix Eischen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M.Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### **(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## 14. 7819 - Projet de loi portant :

**1° approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas en matière de coopération policière, signé à Bruxelles, le 23 juillet 2018 ;**

**2° modification de la loi modifiée du 21 décembre 2004 portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004**

Mir kommen elo zum Projet de loi 7819, een Ofkommen tëscht der Belsch, Lëtzebuerg an Holland, iwwert de grenziwwerscheidenden Asaz vun der Police. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Rapportrice vun dësem Projet de loi ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

#### **Rapport de Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense**

■ **Mme Stéphanie Empain (*déi gréng*)**, *rapportrice*.- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen haut iwwert den Traité Benelux, dat ass de Projet de loi 7819. Wéi Dir wësst, gëtt zu Lëtzebuerg déi international Kooperatioun ganz grouss geschriwwen. Dozou gehéiert natierlech och déi polizeilech Zesummenaarbecht. Allgemeng bekannt si jo éischter Organisatioune wéi Europol um Niveau vun der EU.

Haut schwätze mer awer iwwer en anere Kader, e bësselche méi kleng, nämlech dee vun der polizeilescher Zesummenaarbecht tëscht de Benelux-Staaten.

Wéi Dir all wësst, ass d'Zesummenaarbecht mat de Benelux-Staate ganz gutt, an dëst erméiglecht eis et och, grad um Niveau vun der Sécherheet an der polizeilecher Zesummenaarbecht ganz enk zesummenzeschaffen.

Den Traité, iwwert dee mer haut schwätzen, fousst esou och um europäeschen Acquis, wat déi d'polizeilech Zesummenaarbecht ubelaangt, mee gëtt eis d'Méiglecheet, am Kader vun der Benelux nach doriwwer erauszegoen.

Dësen Traité ass u sech net nei. Dee gëtt et schonn zënter 2004. Mat dësem neien Text, iwwert dee mer haut schwätzen, gëtt dës Zesummenaarbecht nach intensivéiert an ausgeweit, ganz am Sënn vun enger nach méi enker Zesummenaarbecht.

Dësen neien Traité ass am Juli 2018 ënnerschrifwe ginn. An elo geet et drëm, en an nationaalt Recht ëmzesetzen. Soubal déi dräi Länner dësen neien Text ratifizéiert wäerten hunn, wäert dësen neien Text dann och dee vun 2004 ersetzen. An dofir si mer frou, dat haut kënnen ze maachen. Den Zäitpunkt an de Kontext, an deem mir dat maachen, ass an deem Sënn och net onwichtig, vu dass mer engersäits dat kommend Joer erëm d'Presidence vun der Benelux wäerten iwwerhuelen, mee virun allem par rapport zu de rezenten Evenementer an der Stad, wou mir elo nach de leschte Weekend Verstärkung aus der Belsch kritt hunn, an dës grenziwwerscheidend Ënnerstëtzung gëtt och am Benelux-Traité geregelt.

Mir hunn also hei e kloert Beispill derfir, wéi wichtig et ass, op esou eng gutt Zesummenaarbecht an op esou en zuverlässesgt Partenariat kënnen zréckzegräifen.

Ëm wat geet et elo genau an deem Traité? Wéi gesot, dësen Text, iwwert dee mer haut schwätzen, ass net aus dem Näischt eras entstanen, mee e baut um Traité vun 2004 op. Par rapport zu deem alen Traité kommen eng Partie nei Dispositiounen derbäi. An dës concernéieren zum Beispill d'Modalitéite vun de Poursuites transfrontalières, déi méi breet opgemaach ginn, der Recherche transfrontalière, den Transport oder d'Begleede vu Gidder oder Persounen iwwert d'Grenzen ewech oder och nach d'Interventiounen op internationalen Zuchlinnen oder op Schëffer.

Och ginn déi grenziwwerscheidend Interventioune vun den Unités spéciales heiranner gereegelt. Ausserdeem ginn et Dispositiounen, déi den Austausch vun Données à caractère personnel reegelen; och dës Méigleckeete gi par rapport zum viregten Text ausgeweit.

Wichtig ass, hei ze soen, dass een als Land zu jidder Zäit ka soen, wann ee bei enger Dispositioun net wëll matmaachen. Mir schwätzen hei also vum Prinzip vun der Géométrie variable.

#### **(Brouhaha)**

E Beispill heifir, bei deem e Land net matmécht oder wou mir net matmaachen, wär den Austausch vun Donnéeën, déi via de System vum „Automatic Number Plate Recognition“ gespäichert ginn, bei deem Lëtzebuerg, wéi gesot, aktuell net matmécht.

Wat dëse Projet de loi konkreet ubelaangt, dat ass en Text vu just zwee Artikelen. Do geet et dann drëm, dësen Traité samt sengen Annexen, esou wéi se den 23. Juli 2018 ënnerschrifwe gi sinn, ze ratifizéieren. De Gesetzestext als solchen ass also immens kuerz. Ma domadder ratifizéiere mer en Traité, deen awer e Batz méi technesch a komplex ass an dee sech a siwe Kapitelen der polizeilecher Zesummenaarbecht tëscht de Benelux-Länner widmet.

E Punkt, deen hei wichtig ass ze ernimmen, well en och an den Avisen opgeworf ginn ass, ass dee vun de Rechter a Kompetenzen, déi déi jeeweileg Beamten an den anere Partnerlänner hunn. An hei muss eeben ënnerstrach ginn, dass Beamten, déi an e Partnerland geschéckt ginn, ëmmer nëmmen déi Kompetenzen hunn, déi dat nationaalt Recht vum État d'accueil virgesäit. Ausserdeem dierfe si och am Ausland keng Kompetenzen ausüben, déi hinne an eegene Land net accordéiert gi sinn.

Am Kloertext also dierfe se am Ausland och net méi Force uwenden, wéi hiren eegenen Droit national hinne géif zougestoen.

Wat d'Spezialunitéiten ubelaangt, krute mer och d'Confirmatioun an der Kommissioun, dass fir si u sech am Virus ëmmer alles ganz kloer ass, well d'Rules of engagment ëmmer virun all Asaz festgehale ginn. Eng auslännesch Autoritéit ass net engem lëtzebuergesche Beamten Opdrägg ginn, déi en net exekutéieren dierft. A falls dat éieren awer de Fall wär, kéint dee Beamten dat och nach ëmmer - misst dat dann och - refuséieren.

Wichtig ass hei nach ze soen, dass et net dësen Traité eleng ass, deen duergeet, fir alles bis an dee leschten Detail ze reegelen. Effektiv ass et nämlech





esou, dass den Traité op enger Partie Punkte virgesäit, dass Accords d'exécution kënnen, zum Deel och musse geholl ginn, eebe fir dës Detailer ze reegelen a se ëmzesetzen.

Dës Accords d'exécution wäerten dann tëscht den dräi oder eeben den zwee Benelux-Länner getraff ginn, jee nodeem eeben, wat de Besoin oder de Wonsch vun de jeeweilege Länner ass.

Vu dass dës Accords d'exécution just déi technesch operativ an administrativ Detailer vun engem ganz spezifesch Beräich klären an domadder och net iwwert den Traité erausginn, brauchen dës Accorden dann och net méi duerch d'Chamber ze goen.

Wat déi eenzel Avisen ubelaangt, do huet den Avis vum Staatsrot den Text am Fong dahingeeënd wierklech verkierzt, well e proposéiert huet, déi initial virgesinnen Artikelen 2 bis 8 ze sträichen, well dës am Fong näischt anescht gemaach hunn, wéi Dispositiounen ze widerhuelen, déi an der selwechter Form oder an enger änlecher Form am Traité selwer stinn oder an eiser Verfassung.

Eis Kommissioun huet sech dunnt och deem Avis ugeschloss. Den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet d'Fro opgeworf vun der Wendung vun der Force am Ausland, wat ech virun och ugeschwat hunn. Si hunn et esou gelies gehat, dass de proposéierten Text kéint d'Impressioun ginn, wéi wann d'Beamte vun eiser Police am Ausland kéinten ënnert de selwechte legale Konditiounen fonctionnéiere wéi hir Kolleegen an deem Land, dass dat kéint derzou féieren, dass si am Ausland ënner Ëmstänn méi Kompetenzen hätte wéi hei zu Lëtzebuerg. An heizou ass et eebe wichtig, nach eemol op den Traité selwer hinzeweisen, deem dëst ganz kloer ausschléisst!

Zu den Avisen vum Parquet général a vum Parquet vun Dikrech ass ze soen, dass déi sech och eng Partie Gedanke gemaach hunn, wat déi konkret Mise en œuvre vu verschiddenen Dispositiounen vum Traité ubelaangt. Fir de Staatsrot waren dës Dispositiounen awer kloer genuch, soudass mer d'Avisen vun de Justizautoritéiten net direkt fir den Text en compte geholl hunn. Par contre krute mer awer an der Kommissioun vum Ministère confirméiert, dass dës Avisen ganz pertinent waren an dass se och wäerten hëllefen an der praktescher Ëmsetzung. Déi Aarbecht, déi do geleescht ginn ass, war also definitiv net ëmsooss a wäert eebe kënnen bei der praktescher Ëmsetzung dann och en compte geholl ginn.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun: Dës Projet de loi ass den 3. Mee 2021 deposéiert ginn. Den Avis vum Staatsrot war de 15. Juni do. De Parquet huet säin Avis den 29. Juni ofginn an de Parquet vun Dikrech huet säin de 6. Juli ofginn. De 16. Juli koum dunnt och nach den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. Mir hunn dës Projet de loi elo rezent den 3. Dezember an der Kommissioun virgestallt kritt an en dunn och diskutéiert. An de Rapport hu mer den 10. Dezember an der Kommissioun ugehall.

Ben, domadder wär ech fäerdeg mat mengem Rapport. Fir Detailer och, wat den Accord u sech ubelaangt, verweisen ech op den Text vum Rapport a vum Accord selwer.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech och den Accord vun der gréngeger Fraktioun.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- An ech soen der Madamm Rapportrice, der Madamm Stéphanie Empain villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV)**.- Jo, merci, Här President. Merci och dann un d'Rapportrice fir dës gudder mëndlechen an och schrëftleche Rapport. Deen Traité hu mer 2018 ënnerschríwwen, haut kënnt en an d'Chamber. Mir wäerten deem Traité och matstëmmen, well e bréngt eng Vereinfachung an de Prozeduren, dat ass ganz richtig.

Dat Eenzegt, wat Froen opwerft ..., well mir wëssen, dass et eng gutt Zesummenaarbecht gëtt zwëschen Lëtzebuerg an der Belsch an och mat den Hollänner, mee wat Froen opwerft, dat ass déi Géométrie variable, dat heescht, dass fakultativ Kooperatiounen kënnen gemaach ginn. Do muss een elo kucken an e puer Joer, an den nächste Joren, wat sech do mécht a wat sech net mécht. Dat ass deem eenzege Punkt, deem een hei kann opwerfen. Fir de Rescht ass et eng gutt Saach a mir wäerten dat, wéi gesot, als CSV och stëmmen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Halsdorf. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas.

■ **M. Gusty Graas (DP)**.- Merci, Här President. Ech mengen, hei gëtt erëm e ganz gutt Beispill geliwwert, wat déi international Zesummenaar-

becht ubelaangt. Ech mengen, grad e Land wéi Lëtzebuerg, e klengt Land wéi Lëtzebuerg ass drop ugewisen, mat villen auslännesche Partner zesummenzeschaffen, besonnesch um Niveau vu Benelux - d'Benelux, déi 1944 jo gegrennt ginn ass an déi entre-temps sech ganz gutt entwéckelt huet. A leider muss ee jo och drop hiweisen, wat de leschte Weekend hei lass war. A wa mer net eng gewëssen Ënnerstützung aus dem Ausland, virun allem vun der Belsch gehat hätten, da weess een net, wéi d'Situatioun nach hätt kënnen méi eskaléieren.

Dowéinst ass dat heiten e ganz wichtige Traité. Et ass och gutt, dat en elo ugepasst ginn ass. Bon, et gëtt natierlech déi eng oder déi aner Interpretatioun dovun. Vläch misst een diskutéieren, wat eeben och d'Kompetenzen vun eise Beamten am Ausland sinn a vice versa. Dat ass jo scho vun der Madamm Rapportrice hei ugeschnidde ginn, där ech iwwergens och villmools Merci soe fir hir verschidde Rapporten. Besonnesch geet et jo ëm deem „tir de neutralisation“, inwiefern dat eis Leit dat kéinten am Ausland maachen, obwuel se et hei net dierfe maachen. Ech mengen, dat muss vläch nach eng kéier verdéift ginn.

Dann ass et och wichtig, dat eenzel spezifesch Accorde kënnen ofgeschloss ginn, fir verschidden Evenementer vläch am Virfeld méi genee kënnen ze analyséieren an ze kucken, inwiefern dat ee sech do ka méi kloer asetzen.

Da wëll ech och drop hiweisen, dat net méi spéit wéi de leschte Weekend d'Benelux-Parlament zesummekomm war an dat et do grad och ëm déi heite Problematik gaangen ass. Do sinn eng Rei Fuerderungen nach gestallt ginn, op déi ech elo net hei aginn. Ech hunn nämlech der Madamm Ministesch eng Question parlementaire och an deem Sënn gestallt. Mee wat awer interessant ass, och hei ze soen, ass, datt gefrot ginn ass: Wéini ratifizéiert Dir als Lëtzebuerg dann endlech? An duerfir si mer awer frou, dat mer hinne du scho konnten matzedeele, dat dat haut wäert de Fall sinn, well et e ganz wichtige Traité ass, deem, wéi gesot, vun 2004 ass an elo adaptéiert gëtt.

A mir stinn als Demokratesch Partei selbstverständlech ganz do derhannert an ech ginn dann och deementspriedend den Accord. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Graas. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Dan Biancalana (LSAP)**.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bon, virop dem Stéphanie Empain e Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Jo dës Projet de loi - mir hunn et jo och kloer héieren - an och d' Ratifizierung vum virleiende Traité schreibe sech am Fong an déi Kontinuitéit an och vun der Kooperatioun tëscht Lëtzebuerg, der Belsch an Holland am Beräich vun der bannenzeger Sécherheet. An am Fong geet dës Kooperatioun vun de Benelux-Länner an dësem Domän jo och geschichtlech wäit zrëck, well schonn 1962 ass de Benelux-Traité zur géigesäiteger Rechtshëllef ofgeschloss ginn, am Kader och vun de Provisiounen fir eng enk Kooperatioun vun eise Policen.

An 1996 hunn d'Ministère fir d'bannenzeg Sécherheet a Justiz vun de Benelux-Länner e Memorandum d'accord, de sougenannten „Accord de Senningen“ ënnerschríwwen, fir d'Kooperatioun am Beräich vu Police, Justiz an Immigratioun ze verstärken op deenen dräi Theemfelder. An déi kompetent Ministeren an Instanze si säit jeehier am reegelméisseg hu mir jo och - Kontakt an och am Austausch.

An 2004, dat gouf och jo schonn hei ernimmt, konnt den éischten Traité spezifesch iwwert déi grenziwwerschreidend Interventioun vun der Police ofgeschloss ginn, huet am Fong och do eng Rechtsgrondlag geschafe fir grenziwwerschreidend Interventiounen an Noutfallsituatiounen, gemeinsam Organisatioun vu Patrouillen an och géigesäitegem Approvisionnement vu Material.

An, et ass och e puermol hei ugeklongen, grad eeben am Kader vun deem doten Traité vun 2004 ass et méiglech, bei groussen Evenementer an och bei Manifestatiounen kënnen op Verstärkung zrëckzegraifen an dass dat och leschte Weekend gemaach gouf am Kader vum Traité vun 2004, war och ganz gutt esou an och ganz noutwendeg, fir fir déi néideg Sécherheet kënnen ze suergen. Mam Schrott vun haut, bei deem mer méi wäit gi mat der Ratifikatioun vum Traité vun 2018, erweidert sech am Fong och de Kader fir grenziwwerschreidend Poursuitten, Sichaktiounen, Beweissécherung, och an Noutfall an och am Kader vun Informationsaustausch.

Mir ginn am Fong hei den zoustännegen Autoritéiten nach weider Outilen, fir hir Aarbecht nach besser kënnen ze maachen an dofir ginn ech dann och hei den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Här Biancalana. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och ufänken an der Madamm Empain Merci soe fir dee Rapport. D'ADR stëmmt dat heite mat. Et ass wichtig, dat mer eng grenziwwerschreidend polizeilech Zesummenaarbecht hunn. Et huet sech och a leschter Zäit erweisen, dat dat kann nützlech sinn. Awer ech mengen, mir müssen eis och Froe stellen, well eng polizeilech Zesummenaarbecht ass eppes ganz Eeschescht a mir müssen dofir eng Rei Froen an de Raum stellen. Ech wëll der haut dräi stellen.

Deen éischte Problem, fir vläch mat deene ganz wichtige awer nach manner komplizéierte Saachen unzefänken, ass dee vun der Responsabilité civile vun de Beamten, déi engagéiert sinn. Mir hu schonn e Problem hei am Land, datt Polizisten, wa se dann an enger Aktioun engagéiert sinn an eppes geschitt, net automatesch d'Assistance judiciaire kréien. Mir sinn derfir, datt dat soll sinn, quitte dat natierlech de Staat kann e Recours huelen, wa sech herno eeben erassstellt, datt do e Scholdsproch ass oder wéi och ëmmer.

Mee am Prinzip sollten d'Polizisten, och aner Leit, déi an den Asaz ginn an änleche Situatiounen, automatesch d'Assistance judiciaire kënnen hunn. An dat muss natierlech och dann am Ausland sinn. Well ech mengen, et ass scho schwierig, en Asaz hei am Land ze hunn. Et ass juristescht nach méi komplizéiert, wann e Lëtzebuerger Polizist elo am Ausland géif engagéiert ginn an et géif do eppes virkommen duerch den Usage des armes oder wéi och ëmmer. Dofir ass et schonn, mengen ech, gutt, dorobber hinzeweisen.

Den zweete Problem ass dee vun de Käschten.

Mir hu gëschter gesot - ech mengen, d'Madamm Lorsché hat dat an hirer Ried gëschter gesot -, datt déi Suen, déi mer ausginn, fir auslännesch Appuien ze kréien, net géifen zur Verfügung stoe fir aner Zwecker oder ... Dach, ech mengen, et war esou eppes an deem Genre. Wann ech lech net richtig zitéieren, Madamm Lorsché, dann deet dat mer leed, mee awer sënngeméiss hunn ech et esou an Erënnung.

An dann ass natierlech d'Fro: Wat kascht dat dann zum Beispill? Wéi ass dat finanziell gereegelt? Dat steet net an deem Rapport, dee mer elo hunn.

Wat huet zum Beispill deem Asaz vun der leschter Woch kascht? Wat kréie mer facturéiert vun der Belsch fir deem Asaz?

An dat Drëtt ass, mengen ech, dat Komplizéiertst an dofir musse mer oppassen, wa mer och esou en Asaz hunn: Dat sinn déi Règles d'engagement an och den Usage des armes. Dat ass eng ganz komplizéiert Saach. A mir hunn hei dat praktescht Beispill vum leschte Weekend gehat. Mir hunn als ADR och direkt Froe gestallt. Ech hu mech och gewonert, datt keng aner Partei Froen opgeworf huet, déi awer och rechtsstaatlech wichtig sinn!

Zum Beispill: Ass e Waasserwerfer eng Waff? Ass dat eng Waff? Wann et eng Waff ass ..., well ech denken, a priori jo, well et kann ee jo verletzt ginn, wann een duerch e Waasserwerfer ... Mir hate jo där Fäll och schonn elo, gottseidank net hei am Land, mee wann ... Gëllt et hei am Land als Waff? Wann et eng Waff ass, müssen dann net och Sommatiounen gemaach ginn, ier se agesat gëtt?

Wéi sinn d'Reegelen? Ka se just am Cas vun enger „légitime défense“, vu Verdeedegung vun anere Polizisten agesat ginn oder eeben och an anere Situatiounen? Hu mer iwwerhaapt eng legal Basis hei am Land fir den Asaz vun engem Waasserwerfer? Et ass eng Fro: Hu mer eng? Ass et eng Waff? Ass et keng Waff? Wat ass déi legal Dispositioun, déi hei applikabel ass?

Déi zweet Saach ass: Et ass jo och wichtig fir d'Rechtssécherheet vun de Leit. Nu stellt lech vir, et gëtt ee verletzt wéi bei Stuttgart 21, mengen ech, wou do déi Demonstratiounen waren oder op anere Plazen. Do hunn och emol Leit en A verluer, well se duerch e Waasserstral verletzt goufen. A wéi ass dann d'Responsabilitéit do engagéiert? Dat heescht, hu mer eng legal Basis fir den Asaz dofir?

Dat Zweet ass: Wann ee Polizeihënn ... Ech weess elo net, ob déi Polizeihënn, déi do an der Diskussioun waren, elo belscher waren oder Lëtzebuerger waren. Dat weess ech net. Mee déi Plaz, wou dat geschitt ass, war eeben net an deem Perimeter, deem delimitéiert war, mee dat war ënnen d'Kräizung Avenue de la Porte-Neuve/Boulevard Prince Henri. Dat war an där Géigend, also net am Perimeter. Ech hu mer déi Filmer nach eng kéier ugekuckt. Déi Fra mat hire Kanner, dat war eng Passantin, dat war a mengen Ae keng Demonstrantin. Ech ka mech natierlech ieren, mee esou wéi et ausgesäit, war dat eng Passantin, déi mat hire Kanner do war. An da stelle sech och d'Froen mat den Hënn.

An dat ass eeben eng ganz kriddleg Saach! A mir haten hei am Land virun e puer Wochen dee Fall op der Gare, wou en Hond vun enger privater Sécherheitsfirma géint eng - mengen ech, wann ech mech richtig erënnere - Persoun engagéiert

war, déi awer en aggressiivt Verhalen hat. An dat war eng gréisser Diskussioun hei am Land. Dofir ass et scho wichtig, datt mer och eng kéier den Asaz vun de Polizeihënn bei Demonstratiounen oder beim Maintien de l'ordre kucken. Wéi gesot, ech weess elo net: War dat heiten elo e lëtzebuergesch oder e belschen, mee en Hond kann eng Waff sinn. An och do musse mer dann déi Fro stellen: Wéi sinn d'Reegele bei Polizeiasätz? Ass dat heiten elo gedeckt ausserhalb vum Perimeter oder ass et net gedeckt?

An dat wäeren einfach wichtig Froen, wa mer dat hei dann diskutéieren, well eis geet et ëm Rechtssécherheet och am Interessi vun de Polizisten a vun de Bierger allgemeng, déi mat esou enger Situatioun konfrontéiert sinn.

Also: Vum Prinzip hier hu mir als ADR absolutt kee Problem mat dëser Iddi vun der polizeilecher Zesummenaarbecht iwwer Grenzen ewech - ganz am Géigendeel. Dat ass sécher sënnvoll. Et hëlleift eis, déi ëffentlech Sécherheet ze verstärken, awer mir müssen eis einfach de Problematiken och bewosst sinn an déi oppen diskutéieren. A wéi gesot, déi dräi, déi ech haut uschwätzen: Responsabilité civile, Käschteverdeelung bei esou engem Asaz an den Usage des armes, vun deem mer eeben zwee konkret Beispiller elo haten. Wéi ass d'Situatioun beim Waasserwerfer? Wéi ass d'Situatioun bei engem Polizeihond rechtlech gereegelt?

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen (Piraten)**.- Merci, Här President. Also dat ass haut e ganz wichtige Dossier, virun allem mat der Benelux. Mir haten an der Kommissioun jo och nach aner Länner ugeschwat, mee haut ass et jo emol mat der Benelux. A mir hunn dës Weekend jo gesinn, wéi wichtig dat war an et wäert warscheinlech och nach déi nächst Weekend leider, leider, leider wichtig ginn.

Aus dem Dräilännereck, wou ech jo hierkommen, si mer dat gewinnt, dass mer mat de Belsch vill zesummeschaffen an dofir weess ech dat och wäerteschätzen, wéi déi Kooperatioun ass. An dofir hat ech an der Kommissioun jo och ugeschwat, dass mer mat de Fransousen och eng kéier müssen op dee Wee goen an esou en Accord maachen, well do d'Zesummenaarbecht nach net - diplomatesch gesot - déi allerbesch ass, dass mer dat doten och mat Frankräich nach eng kéier nohuelen. Mat der Benelux maache mer et elo.

Do stellt sech awer dann natierlech d'Fro, grad wa mer am Dräilännereck sinn a mat de Belsch zesummeschaffen ... Ech mengen, den Här Minister weess et an ech hat et och schonn e puermol ugeschwat: Grad do ënnen zu Péiteng bräichte mer jo deem neie Policebüro, deem zesumme mat Käerjeng sollt op d'Grenz zu Lénger kommen, wat dann och zur Kooperatioun mat der Belsch soll bäidroen. Well wa mer esou eng Kooperatioun maache mat der Benelux, musse mer och fir eis Beamten déi néideg Infrastruktur hunn.

An deementspriedend d'Fro un de Minister: Wéi wäit ass et dann elo mat deem neie Policebüro do zu Péiteng, deem op Lénger soll komme mat deenen zwee ..., fir eeben déi Kooperatioun mat Benelux och mat Liewen ze fëllen, well Der jo gär eng Kooperatioun hätt an d'Beamte jo och musse sur place sinn?

Ech deele komplett, dass mer d'Material mat de Belsch eis ausléien, deelen a quasi e Sharing maachen, well wat géif et Lëtzebuerg bréngen? Elo hu mer zwar eng Situatioun, an där mer déi Waasserwerfer brauche beziéungswies einzelt Material, mee wat géif et da bréngen, wann et jorelaang am Schapp steet? Et ass gutt, dass mer déi Kooperatioun hunn an dat, wat mer grad brauchen, kënnen bei anere Länner, wéi hei eebe bei der Belsch, eise direkt Noper, ufroen.

Mir Piraten fannen dat gutt a mir ënnerstëtzen och do d'Regierung op hiren eenzelnen Demarchen. Ech hat an der Kommissioun och nach e ganz wichtige Punkt ugeschwat. Den Här Minister kann do vläch nach e puer Prezisiounen ginn, wéi en dat elo fir d'Zukunft virgesinn huet, well en Helikopter jo net an dësem Accord mat dran ass, wéi mer geäntwert gouf vun de Beamten, wéi een dat dann an Zukunft soll reegelen.

Dat heescht, am Moment kënnen zwar d'Autoen an der Kooperatioun fueren, mee den Helikopter, dee mer hunn, leider net. An dat gesi mir Piraten awer als problematesch un, wa mer schonn nei Helikopteren hunn an da müssen déi an der Kooperatioun zu Arel ëmdréien. Dat ass e bëssen de Problem, wéi de Minister dat gedenkt ze léisen, wéi mer do an Zukunft wäerte weiterfueren, well dat jo awer e ganz wichtige Punkt ass.

An dann och merci dem Stéphanie Empain fir de gudden Rapport, ier ech dann op dem Här Kartheiser seng Bemerkungen aginn, déi natierlech a mengen





Aen e bësse Blödsinn waren, well et kann een net higoen an dee Virfall vun enger privater Sécherheetsfirma vun engem Hond mat Hënn vun der Police vergläichen, déi eng ganz aner Ausbildung hunn! Souwuel d'Hënn wéi d'Beamten.

Also, ech mengen, Dir maacht hei en Amalgamm vun enger Sécherheetsfirma mat eiser Police an dat gëtt eiser Police net gerecht, wat Dir hei maacht.

**(Interruption par M. Fernand Kartheiser)**

An deementspriedend also ... Nee, Här Kartheiser, Dir hutt et och schonn um Radio gesot an um Fernsee waart Der.

**(Interruption)**

Do schwätzt Der déi ganzen Zäit géint eis Police, an eis Beamten hunn dat gemaach ...

**(Interruption par M. Fred Keup)**

... fir d'Leit ze schützen de Weekend, an net, wéi Dir se duerstellt, dass déi Beamten iergendeppes géife falsch maachen déi ganzen Zäit hei.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ech fannen dat eng Sauerei!

Merci.

**(Brouhaha)**

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen.

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Eng Sauerei ass et, Ligen hei ze verbreeden. Dat ass eng Sauerei!

■ **Plusieurs voix.**- O!

**(Brouhaha général)**

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Parole pour fait personnel fir den Här Kartheiser.

■ **Une voix.**- Setzt Äert Wuert, setzt Äert ...

**(Brouhaha général)**

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ech wëll ...

**(Brouhaha)**

Här President, ech brauch ... Här President ...

**(Brouhaha)**

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ech brauch mir hei éischstens vum Här Goergen net soen ze loossen, ech géif mech géint d'Police stellen. Ech war selwer eelef Joer an Uniform am Déngscht fir dëst Land. Also, den Här Goergen huet do nach eelef Joer nozehuelen.

**(Brouhaha)**

Mee de Punkt ass, ... Jo, Dir fannt dat vläicht net wichteg, mee ech halen et fir wichteg!

Dat Zweet ass, wann ee wierklech fir de Maintien vun éffentlecher Uerdnung ass, an dat si mir als ADR an dat sinn ech perséinlech absolutt och, da muss ee kucken, datt dat an engem Rechtsstaat ënner Konditiounen ofleeft, déi éischstens all Bierger d'Sécherheet ginn, datt seng demokratesch Rechter respektéiert sinn an zweetens, datt den Asaz vun der Police rechtsstaatlech ofgesécher ass. Dat ass fir d'Police extreem wichteg! Dat ass fir eis alleguer wichteg, datt mer do kloer Reegelen hunn, wéi dat soll oflafen.

An et ass am Interessi vun der Kloeheet, wou ech no der Manifestatioun an och haut déi Froe stellen.

Déi Saach mat der Sécherheetsfirma op der Gare hunn ech hei als Beispill ugeféiert, wéi sensibel déi Dossiere sinn, wann een duerch en Hond verletzt gëtt. Dat hunn ech also an deem Sënn exemplativ ugeféiert.

**(Interruption)**

An dann ... Jo, dat ass eng aner Diskussioun. Et ass mer jo sécher erlaabt, e Beispill ze nennen, wéi allergesch a wéi sensibel verschidde Leit reagéieren, wann eng Persoun eventuell duerch en Hond verletzt gëtt. An dat kann natierlech och bei engem Polizeiasaz sinn. An dofir d'Fro, wéi eeben dat geregelt ass.

An ech mengen, Här Goergen, ech verstinn, datt Dir hei wëllt probéieren, d'ADR schlecht duerststellen. Dat ass Äert politesch Geschäft.

**(Brouhaha général)**

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Dat maacht Dir scho selwer. Also do brauch ech guer näischt ze soen.

**(Brouhaha général)**

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Faschisten halen ni op, Faschisten ze sinn!

**(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)**

Dat huet eis d'Geschicht gewisen.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Wann Der nach fënnel Minutten schwätzt, maacht Där et nach selwer, also ...

**(Brouhaha)**

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Dat ass Äert politesch Geschäft, dat ass Äert politesch Geschäft. Ech muss lech soen, ech hunn a mengem ... Bon, ech wëll elo net hei op déi 27 oder 32 Joer Konkurrenz hei mat dem Här Mosar oder mat dem Här Gibéryen ugoen, mee ech sinn, ech mengen, 13 Joer oder esou an dëser Chamber. Ech muss lech soen, ech hunn nach ni méi en opportunistesche Veräi gesi wéi Är politesch Partei.

■ **Plusieurs voix.**- O!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- An ech hunn nach ni e méi grouse Faschist wéi lech gesinn!

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Also, Här Kartheiser, Dir hutt einfach widderholl, wat Der souwisou vir-drun hei an der Ried scho gesot hutt.

**(Hilarité)**

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Et war e Fait personnel. Dir braucht net ze äntweren.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Jo, ech bleiwen derbäi: D'Demonstratiounsrecht war ginn de Weekend. Eis Beamten hunn ... Also mir ass et net bekannt, dass e Feeler gemaach ginn wär, wéi Dir et hei duerstellt. Dir stellt iergendwellech Hypotheesen op mat engem Hond, wat hätt kënne sinn, ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- O gitt lech dach!

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- ... fir d'Beamten an e schlecht Liicht ze stellen. An do si mir Piraten net averstanen.

■ **Une voix.**- Ok.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Fein, merci villmools.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Policeminister Henri Kox.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Merci, Här President. Merci och alleguerten deenen, déi hei den Accord gi fir dëse Benelux-Traité, fir d'Police ze ënnerstëtzen. Effektiv ass et e ganz wichtegen Accord, well mer déi Zesummenaarbecht besonnesch an der Sécurité intérieure brauchen an och schonn an der Vergaangenheet ganz oft benotzt hunn. Ech wëll net méi op d'Detailer agoen, well déi huet d'Rapportrice ausféierlech hei ginn - dofir soen ech och Merci - an ass och op déi eenzel Ausriichtunge schonn agaangen. An dofir ginn ech och just ganz kuerz op déi Rei Froen an, déi hei gestallt gouf, déi ech dann och vläicht a weidere Kommissiounen ka verdéiwen.

Vläicht fir d'éischt awer ganz wichteg: Hei ass jo en Accord vun der Benelux. Mat den Hollänner si mer elo net direkt ëmmer esou am Kontakt, awer mat de Belsch ganz enk. An d'Formatioun ass eent vun deene Schlëselelementer vun dësem Accord. Lëtzebuerg an d'Belsch hunn nämlech plus ou moins déi selwecht Tactique policière an dofir ass déi Zesummenaarbecht och ganz wichteg am Alldag, wa se dann emol riets a lénks aushëllef kommen.

Mir hunn eng ganz aner Philosophie par rapport zu de Fransouse respektiv zu den Däitschen. Dofir, wann elo d'Fro gestallt ginn ass, oder se war emol gestallt ginn: „Firwat hu mer kee Renfort zum Beispill mat de Fransousen oder mat den Däitschen?“, sou ass eeben déi Ausbildung eng aner. An dofir ass et wichteg, dass een déi Ausbildung - an dat ass jo och den Accord, deen dat gëtt - nach forcéiert.

Mir hu verschiddentlech Accorden. Mir wäerten an der Zukunft nach méi enk mat de Belsch zesummeschaffen. Dat ass emol mäi Wëllen, awer och de Wëlle vun der belscher Ministesch, mat där ech elo schonn e puermol bilateral Gespräicher hat.

Éischstens: Material, Personal a Formatioun. Dat heescht, an Zukunft wäerte mer probéieren, nach méi enk do zesummenzeschaffen.

Da vläicht eng Fro, op déi d'Rapportrice och scho kuerz agaangen ass an och d'Fro vum Här ... elo kommen ech net op den Numm ...

■ **Une voix.**- Den Här Graas?

■ **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- ... Här Graas - pardon, entschëllegt - iwwert den Tir de neutralisation. Et ass ganz kloer: Am Accord steet, dass deejéinege Beamten a sengem Asaz am Ausland wuel d'Gesetzgebung vun do därf applizéieren. En därf awer ni seng eege Gesetzgebung iwwerschreiden. An dat ass och an den eenzelnen Artikelen - ech mengen, de 54 an den 58 - am Traité geregelt.

Firwat ass dat erakomm? Ma well bei den Hollänner net nëmme Poliziste bei deenen Asätz kënnen derbäi si bei hiner USP, mee och Militär. An déi kënne méi wäit goen an dofir hunn déi verlaangt, fir dat och an dësem Accord dran ze hunn. Awer wann déi sollten éieren eng Kéier hei zu Lëtzebuerg an en Asaz kommen, därfe se ni d'Legislatioun vun deem jeeweilege Land iwwerschreiden. Dofir muss een dat ëmmer gläichzäiteg liesen. Dat bedéngt awer, dass d'Formatioun émsou méi wichteg gëtt.

An do widderhuelen ech mech, dass dat awer gemaach gëtt.

Wat elo deen Helikopter, dat heescht déi Fluchrechter betrëfft, dat geet iwwer meng Kompetenzen eraus. Do musst Der vläicht eng Kéier ... an der Kommissioun kënne mer eng Kéier diskutéieren, awer insbesondere, wat d'Fluchrechter ugeet, wann een iwwer e Land eraus, iwwer eng Grenz eraus flitt, wat e bësse méi komplizéiert gëtt.

D'Assistance judiciaire: Ganz kloer jo, ech sinn och derfir, fir eise Beamten dat ze ginn. Et muss een awer kucken, dass mer dat generell fir de ganze Staat da musse gesinn, well dat eng Reegel ass, déi fir all Staatsbeamte gëllt. Dofir gi mer och déi Gespräicher un. Mir hu se innerhalb vun der Police gefouert a mir wäerten awer och probéieren, se mat der Fonction publique dann unzeschwätzen, wéi et vläicht fir d'Force publique eng Ausnam ka ginn. Mee dat weess ech net. Jiddefalls ass et bei eis um Radar, fir dat och ze diskutéieren.

D'Käschten ... souwäit ech weess, ass et „geben und nehmen“. Dat heescht, ech weess net, ob mer eng Rechnung hei ausgestallt kréien. Mir ware jo dëst Joer och schonn zweemol am Asaz an der Belsch. D'USP war zweemol am Asaz an der Belsch. Émgedréint waren et elo déi Belsch, déi eis assistéiert hunn, soudass et no mengem Wëssensstand „geben und nehmen“ ass an dass do net onbedéngt eng Rechnung ausgestallt gëtt. Dat stellt sech vläicht méi an Zukunft an, mee ech ginn net dovun aus.

Wat dann elo d'Reglementer vun den Asätz betrëfft, do kann ech just soen: Dir wësst, wann esou eppes usteet, ass et um Buergermeeschter, och d'Police ze requisitiounéieren an an där Requisition steet den Usage de la force ganz kloer dran. Den Usage de la force ass eppes ganz Sensibeles. Et ass en Equiliber, deen do gemaach muss ginn an dofir ass d'Police jo och éischstens forméiert an zweetens och ausgerüst.

Wann Der se gesitt, wa se am Maintien de l'ordre ënnerwee sinn, hu se ganz aner Outfits, se hu ganz aner Instrumenter derbäi, awer déi därfen ni einfach esou agesat ginn. Éischstens: bei der legitimer Defense kënne se agesat ginn, awer hir Ausbildung war och bei allen Instrumenter, déi se hunn. A mir haten déi Diskussioun an der Kommissioun, dass wierklech Deeskalatioun awer och nach dat iewescht Zil war. An dofir, mengen ech, kënne mer dat och nach eng Kéier gäre verdéiwen.

Awer duerch d'Requisition, déi gemaach gëtt vun deem jeeweilege Buergermeeschter an der Gemeng, hu se d'Recht, den Usage de la force kënnen unzewenden. Natierlech an hire Limitten, déi d'Gesetz hei fräigëtt.

Et muss een awer och soen, dass bei de ganzen Asätz eng IGP stänneg am Bild war, och gläichzäiteg am PC mat derbäi war, fir déi ganz Asätz ze kontrolléieren respektiv, wann et géif zu engem Auswuchs kommen, ze kucken, wien da letztendlech d'Responsabilitéit huet.

Ech soen lech Merci fir d'Ënnerstëtzung an hoffe mer, dass de Weekend alt roueg bleift. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci dem Police-minister. Parole après ministre vum Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, ech soen dem Här Minister Merci fir déi Erklärungen. Et ass kloer, datt den Usage de la force beim Maintien de l'ordre generell autoriséiert ass. Mee ech menge wierklech, mir sollten dat hei verdéiwen, och am Kontakt mat der Police an enger Kommissiounssëtzung, well et geet jo wierklech drëm, de Leit d'Rechtssécherheet ze ginn. An och den Usage de la force, dee bedéngt jo, wann et elo net en direkte Cas d'urgence de légitime défense ass oder ass, fir en aneren ze retten, datt Sommatiounen jo néideg sinn.

An ech mengen, mir sollten dat wierklech an eng Kommissioun huelen. Ech géif der Madamm Empain dat vläicht och mat recommandéieren, fir datt mer dat doten awer ... well ech huele jo un, datt esou Fäll eventuell an der Zukunft nach kënne kommen. A mir kënnen net déi Rechtsónsécherheeten oder déi Irritatiounen, déi bestanen hunn, mat-huelen. Also ech géif soen, mir klären dat.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. D'Madamm Empain an den Här Minister huelen dat wuelwollend un. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7819. Den Text steet am Document parlementaire 7819<sup>4</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7819 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## 15. 7793 - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise

Mir kommen elo zur Proposition de loi 7793, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Nationalitéit. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet elo de Rapporteur vun där Proposition de loi, den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de Commission de la Justice**

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Et ass mir eng grouss Eier haut emol eng Kéier als Rapporteur virun lech stoen ze kënnen an dat fir eng Gesetzespropos, déi vu mengem Parteikolleg, dem honorabele Sven Clement, ageerecht ginn ass.

Ech wëll awer och der Kommissioun Merci soen, dass se dat méiglech gemaach huet a mer ganz konstruktiv geschafft hunn an der Justizkommissioun, Här President, dass mer dat bis heihinner gepackt hunn.

Konkreet geet et an der Propos dorëm, et de Persoun mat lëtzebuergesche Virfaren weiderhin ze erlaben, iwwer vereinfacht Prozeduren déi lëtzebuergesch Nationalitéit unzefroen. Et gëtt vill Mënschen am Ausland, deenen hir Virfaren aus Lëtzebuerg kommen an déi sech awer do zu deem engem oder aneren Zäitpunkt dofir entscheet hunn, d'Land ze verloossen. D'Kanner vun esou ausgewanderte Lëtzeburger/innen hunn haut oft selwer net méi déi Lëtzeburger Nationalitéit, mee si konnte bis viru Kuerzem a bestëmmte Fäll awer eng Demande maachen, fir se ze kréien.

Wann eng Persoun noweislech en Descendant an direkter Linn war vun engem Awunner oder enger Awunnerin, deen oder déi den 1. Januar 1900 d'Lëtzeburger Nationalitéit hat, konnt dës Persoun bis 2018 nach eng Demande maachen, fir Lëtzeburger ze ginn. Fir dës Demande ze finaliséieren, muss déi betraffe Persoun duerno nach eng Ënnerschrëft hei am Land virun engem Officier de l'état civil maachen, an dat bis den 31. Dezember 2022.

An enger ursprnglecher Fassung vum Gesetz war d'Frist fir d'Ënnerschrëft souguer just bis Enn 2021 gaangen, mee opgrond vun der Pandemie an domat verbonnenen Aschränkungen am Fluchverkéier gouf eng Verlängerung gemaach. D'Frist, fir eng nei Demande anzereeche, ass 2018 also schonns ofgelaf, a bis Enn 2022 mussen och all nach opstoend Dossieren ënnerschriwwen ginn, wa se nach net solle finaliséiert sinn.

Esou wéi eist Gesetz aktuell ass, ass de Wee, fir d'Lëtzeburger Nationalitéit iwwert de lëtzebuergesche Virfaren unzefroen, duerno zou. Fir dat ze verhënneren, gesäit dës Gesetzespropos dofir vir, dës Fristen ze verlängeren, an dat bis op d'Joer 2028, fir en neien Dossier anzereeche, an 2030, fir en ze finaliséieren.

Agereecht gouf d'Propos den 18. Mäerz 2021 vum Deputéierte Sven Clement an um selwechten Dag ass se och an d'Justizkommissioun verwise ginn. D'Regierung huet hiren Avis de 4. Oktober vun dësem Joer publizéiert an huet sech dora fir d'Bäibehale vun der aktueller Reegelung, dat heescht, géint d'Verlängerung ausgeschwat.





Kuerz duerno, den 12. Oktober huet de Conseil d'État säin Avis ofginn, wouran drop verzicht gouf, d'Opportunitéit vun der Propos ze kommentéieren, well dëst der Aschätzung vum Conseil no dem Legislatateur zoukomme soll. An zu gudder Lescht gouf de Rapport vun der Kommissioun den 1. Dezember, also virun zwou Woche gestëmmt.

Fir all Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport a soen lech villmools Merci fir d'No-lauschteren. Op déi konkreet Propose vun de Piraten wäert de Sven Clement a senger Interventioun nach agoen. Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Rapporteur Marc Goergen villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Gilles Roth.

#### Discussion générale

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Mir felicitéieren de Piraten, dass se d'Initiativ geholl hunn zu dëser Proposition de loi. Mir wäerten där awer net zoustëmmen, well mir si grad wéi d'Regierungsparteien der Meenung, dass et mat där Iwwerangsfrist vun dem Recouvrement - well do geet et jo drëms, dass déi am Gesetz do war, si war och eng Kéier verlängert ginn - elo duergeet.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Roth. An da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Carole Hartmann.

■ **Mme Carole Hartmann (DP).**- Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur, dem Här Goergen fir seng zwee Rapporten. Mir wäerten eis als Fraktioun och dem Avis vun der Regierung uschleissen. Et gouf hei mat dem Nationalitéitgesetz vun 2017 eng Exceptioun geschaaft. Et ass net drëms gaangen, fir déi Exceptioun ze pereniséieren. Mir bleiwen och dobäi: Et gëtt de Wee, fir d'Nationalitéit ze kréien iwwert d'Naturalisatioun. Dat soll de Prinzip sinn an dat heite soll net nach zéng Joer verlängert ginn.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Carole Hartmann. An da kritt d'Nopesch d'Wuert, déi honorabel Madamm Cécile Hemmen.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).**- Jo, merci, Här President. An och ech schléisse mech quasi eent zu eent de Wierder u vu menger Nopesch, der Madamm Hartmann. An och mir wäerten dëse Projet net matdroen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hemmen. An dann ass d'Wuert fir den honorabelen Här Charles Margue.

■ **M. Charles Margue (déi gréng).**- Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur Marc Goergen, dass hien d'Propos gemaach huet. Et war gutt probéiert, géif ech soen, fir Recouvrementen nach eng Kéier ze verlängeren. Mee et muss een eng Kéier e Chantier kënnen definitiv ofschléissen. Administrativ ass jo alles gemaach ginn, dass déi Leit nach kënnen heihinner kommen.

Mee et fänkt un, e weíneg exotesch ze ginn, well bei Leit, déi haut nach e Recouvrement wëllen akloen, gëtt et ëmmer méi laang hier an et mécht a Relatioun mat eisem Land wierklech ëmmer manner Sënn. Dofir wäerte mir och géint déi Propositionen stëmmen als gréng Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Margue. An dann ass de Mikro fräi fir den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci Här President. Ech géif och dem Här Clement Merci soe fir d'Initiativ, fir déi Proposition de loi, an dem Här Goergen fir säi Rapport. Hei sinn e puer Froen, déi mer eis musse stellen. Déi éischt ass prinzipiell d'Applikatioun oder d'Nationalitéit: Wéi sti mer dozou? Ech hunn am Walprogramm vun de Piraten nogekuckt. Ech hu gesinn, datt si sech fir e federaalt Europa asetzen, e politesch Europa. Dann ass natierlech och de Corollaire dovun, datt d'Nationalitéite praktesch keng Roll méi spillen, datt et deen Abléck éischter a Richtung europäesch Nationalitéit geet.

Dofir huet et mech och gewonnert, datt d'Piraten déi do Initiativ geholl hunn, well eigentlech déi lëtzebuergesch Nationalitéit an där Pespektiv keng grouss Bedeitung huet.

Fir eis huet se awer eng grouss Bedeitung. Dann hu mer eis natierlech d'Fro gestallt: Kënne mer op deen do Wee goen oder net? Mir sinn zur Konklusioun komm: jo. Bei eis ass d'Reegel net den Droit du sol, mee den Droit du sang, de Jus sanguinis. An deem Sënn bekenne mer eis och zu där Grondastellung a mir soe Jo zu där Proposition de loi vun de Piraten, well et einfach an eiser Iwwerzeegung richteg ass.

Den zweete Volet, deen ech awer wëll soen, ass datt, wann et dozou sollt kommen, datt deen Delai ugeholl gëtt, mer awer nach eng Kéier mussen

iwwert d'praktesch Modalitéiten kucken, well d'Regierung huet effektiv Recht mat enger Approche: déi awer besuergt ass drëm, datt et keen Abus däréif ginn an där Applikatioun vun esou engem Gesetz.

Mee wat déi Iddi vun de Piraten vun haut ugeet, soe mir Jo a mir stëmmen dat mat. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An dann ass de Mikro fräi fir déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Jo, merci, Här President. Merci och de Piraten fir dës Propos, déi mir awer net matdroen. An ech géif mech de Wierder vum Charles Margue uschleissen, dee sot: „Et mécht kee Sënn fir d'Realitéite vun dësem Land.“ An ech gesinn dat genee esou.

Mir mengen, dass dat heiten en Anachronismus ass, wéi och scho mäi Virgänger de Marc Baum dat gesot hat, dat ass en anachronistescht Bluttrecht am Endeffekt, dat heiten implizéiert ... Mir si fir en Droit du sol, dat heescht, mir gesinn dat heite wierklech als Anachronismus a mengen net, dass dat och zäitgeméis ass. Mir fannen och, dass et am Endeffekt eng Ongerechtegkeet schaaft fir déi Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen a schaffen, well et jo u sech manner Krittäre mat sech bréngt wéi déi u sech zu Lëtzebuerg fir déi Leit, déi hei wunnen a schaffen, fir Lëtzebuerg ze ginn.

Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Auteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten), auteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass e ganz besonneschen Dag fir eis Piraten, well haut, also no dräi Joer, wou mer hei ukomm sinn, gëtt et dann déi éischt Proposition de loi, déi mer zur Ofstëmmung bruecht hunn, och wann et net déi éischt ass, déi mer deposéiert hunn. Dat wëll ech awer och soen. Do sinn der nach e puer, déi méi al sinn, déi et nach net bis heihinner gepackt hunn a wou ech frou wär, wa mer déi och iergendwann eng Kéier géifen evakuéiert kréien.

Ech soen dem Marc Goergen e ganz grouss Merci fir säi Rapport zu eisem Projet an ech kommen dann e bësse méi op de Fong ze schwätzen.

Ufangs vum 20. Joerhonnert si vill Lëtzeburgerinnen a Lëtzeburger weinst der schwiereger wirtschaftlecher Situatioun emigréiert. Lëtzebuerg war also net ëmmer en Immigratiouns-, mee deemools en Emigratiounsland.

Et handelt sech heibäi ëm Lëtzeburger, déi hiert Land verlooss haten, fir d'Gléck op enger anerer Plaz ze sichen. Lëtzebuerg war deemools nach e Bauerstaat. Vun enger performer Stolindustrie an der Finanzplaz si mer nach Joerzéngten ewech gewiescht.

Vill Mënsche si gaangen, well se hei am Land net weider wollten an Aarmut liewen. Fir eis Piraten sinn awer och dës Mënschen an hir Virfaren Deel vun der lëtzebuergescher Kultur. Si gehéieren zu Lëtzebuerg! Si an hir Kanner sinn e Stéck vun eiser Kultur.

Mat eisem Projet wëlle mer d'Méiglechkeet weider halen, datt dës Kanner mat engem Lëtzeburger Virfar dierfen d'lëtzebuergesch Nationalitéit kréien. Insgesamt hunn iwwer 47.000 Leit bis elo vun dëser Méiglechkeet profitéiert. Et handelt sech heibäi ëm Leit aus dem noen Ausland, vill aus der EU, mee och aus Nord- a Südamerika.

Ronn 16.000 Demandé ginn am Moment nach traitéiert. Vill Leit kënnen déi Prozedur net op en Enn bréngen, well se weinst der Pandemie net op Lëtzebuerg reesen dierfen. Duerfir gouf den Delai jo scho verlängert, mee no 2022 wäert dann alles endgültig ofgeschloss sinn an de Wee, fir esou d'Lëtzeburger Nationalitéit vu senge Virfaren ze recupeéieren, wäert endgültig zou sinn.

Mir wëllen, datt dës Leit weider kënnen vum Recouvrement profitéieren. Mat dëser Gesetzesproposition soll d'Prozedur vum Recouvrement fir zéng weider Jore réckwierkend op 2018 erëm opgemaach ginn. Domat hätten d'Leit da bis 2028 Zäit, fir op dësem Wee d'Nationalitéit unzefroen a bis 2030 ofzeschleissen. Bis dohinner ass Corona hoffentlech just nach eng béis Erinnerung.

Mir sinn dovunner iwwerzeegt, datt Leit, déi laut Regierung 2018 en enk genuche Lien mat Lëtzebuerg haten, fir d'Nationalitéit ze kréien, och nach 2028 en enk genuche Lien mam Land hunn.

An der Kommissioun ass kloer ginn, datt Verschidener e ganz falsch Bild vun eiser Propos hunn a virun allem vun deene Leit, déi dovunner profitéiere kéinten. Mir sinn net an der Situatioun wéi Zypem, wou „golden passes“ un iergendwuellech Milliardären ausgestallt ginn. Mir ännere mat dësem Gesetz näischt un de Konditiounen, fir d'Nationalitéit ze kréien. Dëst sinn och net iergendwuellech - Zitat -, „kommesch“ Leit, wéi an der Kommissioun gesot gouf.

Éischtens sinn dës Leit, wéi ech schonns gesot hunn, Nofare vu Lëtzeburgerinnen a Lëtzeburger, déi hei am Land gebuer an opgewuess sinn. Et si Leit, déi de Lien mat Lëtzebuerg hale wëllen an déi sech entweder hei an der Gesellschaft abréngen wëllen oder an anere Länner d'lëtzebuergesch Kultur weider oprechterhale wëllen.

Zweetens kënnen dës Leit net dofir, datt hire Grousspapp oder hire Papp et verpasst huet, an enger Zäit, wou et nach keen Internet a keng Informatiounen online gouf, fir si op enger Ambassade ze deklaréieren. Et war deemools nach net esou einfach wéi hautdesdaags, fir erëm zréck op Lëtzebuerg ze kommen oder de Kontakt mam Land ze halen. Et dierf net sinn, datt mer d'Kanner vu Lëtzeburger behandle wéi wann hir Grousseltere méi schlecht gewiescht wäre wéi eis, déi heibliwwe sinn!

Drëttens menge mer, datt et eisem Land sécher net schuede wäert, dëse Mënschen hiert Recht op d'Lëtzeburger Nationalitéit weider zouzegestoen. Mir sinn e multikulturell Land mat iwwer 150 Nationalitéiten, déi hei friddlech zesummeliewen. Dat heite sinn och multikulturell Lëtzeburgerinnen a Lëtzeburger, déi erëm e Lien mat eis wëllen hunn. Viru wat hu mer Angscht?

D'Leit, déi dës Nationalitéit wëllen, si ganz normal Biergerinnen a Bierger. Dat si Leit, déi oft eréischt viru Kuerzem erausfonnt hunn, datt se iwwerhaapt esou e Virfar hunn. Eis huet virun e puer Wochen e Papp e Bréif vu sengem aachtjäreg Jong, dem Pedro, zoukomme gelooss. 2019 hat d'Famill no enger Visitt zu Veianen erausfonnt, datt d'Urgroussbom vum Papp zu Veianen gewonnen huet. A si sinn nach laang net déi eenzeg Famill, déi sech bei eis gemellt huet. Vill hu sech och bei eis direkt iwwer méiglech Sproochen- a Civiqueskursen informéiert, well, nodeems se erausfonnt haten, datt hir Famill vun hei kënnt, wëlle se natierlech méi iwwer eist Ländche gewuer ginn.

Dofir wëll ech hei nach eng Motioun deposéieren, datt d'Regierung de Leit, déi d'Prozedur vum Recouvrement erfollegräich ofgeschloss hunn, d'Méiglechkeet ubidde soll, fir gratis Sproochen- a Civiqueskursen iwwert den Internet ze maachen. Wannech geléift, Här President.

#### Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

- de Gesetzesvorschlag 7793 freet eng Verlängerung vun der Recouvrementsprozedur;

- an hirer Positioun zum Gesetzesvorschlag 7793 schreift d'Regierung: « Aucune résidence sur le territoire luxembourgeois n'est exigée. Aucune connaissance de la langue luxembourgeoise n'est demandée. La participation au dispositif “Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg” n'est pas non plus requise. [...] aucun effort d'intégration au Grand-Duché de Luxembourg n'est exigé de la part des candidats au recouvrement de l'article 89. En termes d'accès à la nationalité luxembourgeoise, les candidats au recouvrement de l'article 89 sont donc largement avantagés par rapport aux candidats à la naturalisation, qui peuvent se sentir désavantagés. » Der Regierung feelt e perséinlechen Ustrengungsfaktor an der Recouvrementsprozedur;

- d'Lëtzeburger Nofare wunnen deelweis ganz wäit ewech a kënnen net u presentielle Coursen hei am Land deelhuele;

- den INL (Institut national des langues) an aner Instituter bidden elo schonns de Cours „Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg“ a Sproochecoursen un, zum Deel och online.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. dass de Persounen, déi d'Recouvrementsprozedur erfollegräich ofgeschloss hunn, eng gratis Offer fir online Sproochen- a Civiquescourse gemaach gëtt.

(s.) Sven Clement.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten), auteur.**- An dann hunn ech awer och nach eng zweet Motioun dobäi, well ech jo d'Gefill hat an e begrëntend Gefill hat, datt eis Proposition de loi haut géif rejetéiert ginn, fir eventuell d'Recouvrementsprozedur ..., well ee vun den Argumenter war jo: Wou ass de Lien? Wou ass d'Sproochesituatioun? Mir wëllen hei kee benodeelegen, bevirdeelegen.

## Le saviez-vous ?

### DÉPÔT

Le dépôt est l'acte par lequel la Chambre des Députés est officiellement saisie d'un projet de loi ou d'une proposition de loi.

Kommt da schwätze mer iwwert déi Leit, fir - falls mer déi éischt Motioun stëmmen, wat ech hoffe géif -, wa dann se hire Civiqueskurs gepackt hunn, wa se dann hire Sproochecours gepackt hunn, driwwer nozedenken, deene Leit mat lëtzebuergesche Virfaren awer nach eng Kéier e Wee zu der Nationalitéit opzemaachen.

Dofir hunn ech eng zweet Motioun dobäi.

#### Motion 2

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

- de Gesetzesvorschlag 7793 freet eng Verlängerung vun der Recouvrementsprozedur;

- an hirer Positioun zum Gesetzesvorschlag 7793 schreift d'Regierung: « Aucune résidence sur le territoire luxembourgeois n'est exigée. Aucune connaissance de la langue luxembourgeoise n'est demandée. La participation au dispositif “Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg” n'est pas non plus requise. [...] aucun effort d'intégration au Grand-Duché de Luxembourg n'est exigé de la part des candidats au recouvrement de l'article 89. En termes d'accès à la nationalité luxembourgeoise, les candidats au recouvrement de l'article 89 sont donc largement avantagés par rapport aux candidats à la naturalisation, qui peuvent se sentir désavantagés. » Der Regierung feelt e perséinlechen Ustrengungsfaktor an der Recouvrementsprozedur;

- d'Lëtzeburger Nofare wunnen deelweis ganz wäit ewech a kënnen net u presentielle Coursen hei am Land deelhuele;

- den INL (Institut national des langues) an aner Instituter bidden elo schonns de Cours „Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg“ a Sproochecoursen un, zum Deel och online.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. d'Recouvrementsprozedur nach eemol fir nei Demanden opzemaachen, ënnert der Konditioun, dass dës Persounen déi selwecht Kompetenze virweise wéi Persounen, déi d'Lëtzeburger Nationalitéit iwwert an anere Wee ufroen, nämlech de Cours „Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg“ an e Sproochecours mat mëndleche Lëtzebuergeschkenntnisser op engem Niveau A2 an engem Hörverständnis vu B1 erfollegräich ofzeschleissen.

(s.) Sven Clement.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten), auteur.**- Här President, mir Piraten sti fir eng multikulturell Gesellschaft a mir sinn der Iwwerzeegung, datt dës Leit eis Ambassadeuren an der ganzer Welt als grouss Plus fir eist Land kéinte sinn. Dat ass liewegen Nationbranding an net iergendwuellech eidel Floskelen, déi mer op der Expo Dubai op e Pavillon pechen!

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Jo, merci, Här President. Ech wäert mech ganz kuerz faassen. Ech sinn der Meenung, dass mer en Nationalitéitegesetz hunn, wat ganz kloer ass, wat d'Konditioun virgesäit, wéi ee kann zum Lëtzeburger ginn. An ech géif et net gutt fannen, wa mer géife méi favorabel Konditiounen schafe fir Leit, déi awer elo ëmmer méi e wäite Lien ewech hunn - esouwéi dat elo schonn e puermol hei ugeklongen ass - zu Lëtzebuerg par rapport zu Leit, déi hei wunnen an déi mussen eng ganz Serie vu Konditiounen erfëllen.

An eis Nationalitéit ass ganz kloer gebonnen un d'Residenz zu Lëtzebuerg. Et war eng kuerz Zäit eng Parenthèse opgemaach ginn. Ech stellen d'ailleurs och fest, dass d'Piraten jo, an där Logik wou se sinn, misste soen, dass dat misst komplett ofgeschaaft ginn, deen Delai. Si verlängeren e just. Dat heescht, do ass och eng gewëssen Inkohärenz an där Proposition ...

■ **M. Sven Clement (Piraten), auteur.**- Mir si kompromëssbereit.

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- ... wéi se virläit. Nach bleift, dass ech der Meenung sinn, dass mer eis sollen ëm d'Integratioun an ëm d'Naturalisatioun vun deene Leit bekëmmern, déi effektiv hei am Land liewen, déi sech hei am Land engagéieren an eiser Gesellschaft. An dat ass den Accent, op dee mer eis fokusséieren, souwuel wat d'Naturaliséierung ugeet wéi och wat d'Sproochecoursen ubelaangt.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, der Madamm Justizministesch Sam Tanson.





D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 7793. Den Text steet am Document parlementaire 7793<sup>3</sup>.

#### Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 7793

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi ass bei 6 Jo-Stëmme géint 54 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui* : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ; MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Ont voté non* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Félix Eischen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7916 iwwert d'Organisatioun vun den Assem...

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- An d'Motiounen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Jo, déi waren eréischt verdeelt ginn. Si mer prett do derfir?

#### (Assentiment)

#### Motions

Jo, da komme mer zum Vott, zur Diskussioun respektiv dem Vott vun de Motiounen. Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1. Den Här Charles Margue freet direkt d'Wuert.

■ **M. Charles Margue** (*déi gréng*).- Ech géif, an der Logik vun eiem Vott, dee mer elo gemaach hunn, soen, mir géifen déi Motiounen net unhuelen. D'Konditioun vun der Integratioun ass nämlech einfach net ginn. An d'Nationalitéit huet jo awer och domat ze dinn, dass d'Leit hei liewen.

Ech fannen, dem Sven Clement seng Iwwerleeunge si ganz generéis, fir de Leit e Wéink ze ginn, dass se hei am Land iergendzousch kéinten opgehall ginn. Mee ech fannen et awer e wéineg wäit gegraff, esouwäit ze goen. A wéi gesot, Recouvrement ass eng Kéier decidéiert ginn a mir sollen en elo net erëm opmaachen. An deem Mooss géif ech soen, mir sollten déi zwou Motiounen net unhuelen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Margue. An da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*), *auteur*.- Jo, merci, Här President. Ech hunn elo verstanen, wat zu där zweeter Motioun gesot gouf, nämlech datt se de Recouvrement net nach eng Kéier opmaache wëllen. Dat hunn ech mer bal geduecht. Et kann een et jo ëmmer nach eng Kéier probéieren. Dat ass hei d'Intentioun.

Mee zur éischter Motioun, fir gratis Onlinesproochecoursen a Civiquescoursë fir déi Leit, déi d'Nationalitéit schonn hunn, also Lëtzebuergesch Staatsbürgerinnen a -bürger sinn: Do mengen ech awer, datt mer op alle Fall sollten eng Onlineoffer hunn. Well mir kënnen net dovunner ausgoen ... Déi Leit - an dat wëll ech just soen - hunn alleguerten en Openthaltsrecht par défaut hei zu Lëtzebuerg. Mir schwätze vill iwwer Integratioun an esou. Da sollte mer weinstens eng gratis Onlineoffer fir déi maa-chen, déi haut leider net besteet.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. An ech ginn d'Wuert zréck un den Här Charles Margue.

■ **M. Charles Margue** (*déi gréng*).- Entschëllegt effektiv, dass ech alles an een Dëppe gehäit hat. Ech géif proposéieren, wann de Sven Clement domat d'accord ass, dass mer dat eng Kéier an der Kommissioun kéinten diskutéieren.

■ **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*.- Här President, kann ech vläicht eppes dozou soen? Ech menge wierklech net, dass mer dat mussen diskutéieren an der Kommissioun. Well d'Positioun

vun der Regierung hei ass op alle Fall kloer, dass mer dat doten net brauchen. All Mënsch, deen d'Lëtzebuurger Nationalitéit huet, oder och anerer, kann natierlech Lëtzebuergeschcoursen huelen. A vun dohier mengen ech net, dass ... Also, eng Diskussioun op deem dote Punkt, déi kënnt Der da gären ënnert lech féieren, mee déi bréngt op alle Fall an eiser Presenz näisch.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Justizministesch.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*), *auteur*.- D'Regierung ass also géint Onlinecoursen!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, mir géifen elo zum Vott vun de Motiounen kommen.

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1.

#### Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 1 ass bei 7 Jo-Stëmme géint 52 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 8 voix pour et 52 voix contre.*

*Ont voté oui* : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

*Ont voté non* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Da kéime mer direkt zur Motioun Nummer 2.

#### Vote sur la motion 2

De Vott fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration.

D'Motioun Nummer 2 ass bei 6 Jo-Stëmme géint 54 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui* : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Ont voté non* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M M. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Georges Engel), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

### 16. 7916 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 septembre 2020 portant des mesures concernant la tenue de réunions dans les sociétés et dans les autres personnes morales

Da kéime mer elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 7916 iwwert d'Organi-

satioun vun den Assemblées générales. Mam Accord vun der zoustänneger Kommissioun, gëtt no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. An ech géif direkt d'Wuert un de Rapporteur ginn, an dat ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

■ **Une voix**.- D'Regierung ass derfir.

#### (Hilarité et interruptions)

#### Rapport de Commission de la Justice

■ **M. Charles Margue** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet, wéi Der et gesot hutt, ëm de Gesetzesprojet 7916. Et geet hei drëms, dass mer d'Moossnamen aus dem modifizéierte Gesetz vum 23. September 2020 ëm ee Joer, bis den 31. Dezember d'nächst Joer, also 2022, verlängeren. Et handelt sech ëm d'Versammlungen an de Gesellschaften a bei den anere Personnes morales. All déi Sitzunge kënnen op Basis vun dësem Text virtuell ofgehalen ginn - müssen dat awer net. Mir schafe just hei méi Flexibilitéit, fir handlungsfäeg ze bleiwen, jee nodeems wéi d'Covidsituatioun sech entwéckelt.

D'Versammlungen, déi en présentiel ofgehalen ginn, müssen natierlech am Respekt vun de sanitäre Virschrëften ofgehalen ginn, déi dann dee Moment a Kraaft sinn.

Am Avis vun der Chambre des Notaires begrëisse si dëse Projet. Si sinn awer net frou, dass si net méi am Artikel 2 Punkt 14 figuréieren. D'Chambre de Commerce begrëisst ausdrécklech och déi pragmatesch Léisung, déi dëst Gesetz erméiglecht. De Staatsrot huet den 30. November gréng Luucht ginn, nodeems de Projet de 24. deposéiert gi war vun der Justizministesch. D'Justizkommissioun huet sech den 8. Dezember fir d'éischt dermat befaasst, de Rapporteur bestëmmt. An de Rapport hu mer de 14. Dezember ugehall.

Domadder soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

#### (Hilarité et interruptions)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Margue.

Wéi virdrun ugekënnegt, komme mer ouni Diskussioun elo direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7916. Den Text steet am Document parlementaire 7916<sup>4</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7916

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehall.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Félix Eischen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova (par M. François Benoy), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

### 17. 7917 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière pénale

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 7917 iwwer eng zäitweilig Upassung vu verschiddene Strofprozeduren. Och hei gëtt mam Accord vun der zoustänneger Kommissioun no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. An ech géif d'Wuert un de Rapporteur vum Projet de loi ginn, den honorabelen Här Pim Knaff.

#### Rapport de la Commission de la Justice

■ **M. Pim Knaff** (*DP*), *rapporteur*.- Voilà. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 7917 verlängert eng weider Kéier temporaire

Adaptatioune vun der Procédure pénale. Verschidden Dispositiounen ware schonn d'lescht Joer am Juni agefouert ginn, an dunn eng éischt Kéier am Dezember 2020, an eng zweete Kéier am Juli 2021 adaptéiert a verlängert ginn.

Deen neien Delay vun dësem Text, deen ech haut presentéieren, ass dann de 15. Juli 2022. Dat heescht, datt dës Verlängerung viraussichtlech emol bis un d'Enn vun der Année judiciaire gëllt, déi elo amgaang ass. Zu deem Zäitpunkt wäert een dann och weider gesinn, wéi sech déi sanitär Situatioun entwéckelt huet an da weider decidéieren, ob ee verlängert oder adaptéiert.

Bis dohin erlaabt dësen Text eis awer weiderhi juristesche Demarchen, déi normalerweis op der Plaz gemaach ginn, elo op anere Weeër ze erleedegen an domat d'Distanzen anzehalen an den Ustiechungsrisiko tëschent de Leit ze reduzéieren.

Si sinn hei schonn am Kontext vun de viregten Texter opgezielt ginn, mee ech géif dann trotzdem nach eng Kéier vun der Geleeënheet profitéieren, fir kuerz op déi eenzel Artikelen anzegoen.

D'Artikelen 1 an 2 betreffen d'Notifikatioun vun Ordonnanze bei Saisien a Requêtes. Dës kënnen weider, wéi dat elo och scho gemaach ginn ass, per Post, per Fax oder per Mail zougestallt ginn. Den Destinataire ass dann och weiderhi verpflichtet, där Ordonnanz nozekommen. Falls dës Persoun sech duerch hir Kooperatioun géif selwer incriminéieren, ass se heivunner natierlech ausgeschloss. Fir all déi aner Fäll, wou eng Persoun sollt refuséieren, enger Ordonnanz nozekommen, sinn da weiderhi Strofe virgesinn.

Zu den Auditioune vun den Zeien - an dat wär den Artikel 3 -, do ass et esou, datt d'Auditioune vun Zeien am Fall vun enger Enquête de flagrance, enger Enquête préliminaire oder op Uerder vum Untersuchungsriichter am Kader vun enger éischter Instruktioun kënnen weiderhi mat Hëllef vu Mëttele aus der Telekommunikatioun gemaach ginn. An dësem Fall gëtt dann d'Identitéit vum Temoïn kontrolléiert a verifizéiert. D'Auditioune kënnen och opgehall ginn an et kann och e Procès verbal dresséiert ginn. Wann den Zeien da mam Contenu averstanen ass, da kann en dat ënnerschreien.

Och d'Mandante kënnen sech laut dem Artikel 4 am Kontext vun enger Prozedur vun hirem Affekot iwwer Telekommunikatioun assistéiere loossen, also eng Assistance juridique ...

#### (Interruption par la présidence)

### 18. Respect d'une minute de silence

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Dir Dammen an Dir Hären, et ass elo 11.59 Auer, an ech erlabe mer, lech ze ënnerbriechen, fir just eng, awer eng wichteg Minutt. Esou wéi et de Moien decidéiert gouf op Proposition vun Här Yves Cruchten, géif d'Chamber elo eng Minutt Silence maachen a Solidaritéit mam Gesondheetssecteur.

Mir ënnerstëtzen domat net nëmmen de Gesondheetssecteur, mir weisen domat eise Respekt fir en onermiddlechen Asaz, deen ni vergiess wäert ginn. Mir gedenken domat och den Affer vun der Pandemie. Mir huelen och - vläicht haaptsächlech - de Ruff ëm Hëllef wouer: dee vun Gesondheetspersonal. Dofir och mäi Ruff no bausse: Loosst lech impfen!

Dir Dammen an Dir Hären, et ass 12.00 Auer an ech si frou, datt Der opgestane sidd fir eng Minutt. Ech soen lech Merci.

#### (Respect d'une minute de silence)

Ech soen lech Merci. Ech soen dem Gesondheetspersonal Merci.

### 19. 7917 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière pénale (suite)

Mir fueren elo do weider, wou mer stoebliwwen waren ...

■ **Plusieurs voix**.- Genau do!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- ... an ech géif dem Här Pim Knaff nees d'Wuert ginn.

■ **Plusieurs voix**.- Genau do!

#### Rapport de la Commission de la Justice (suite)

■ **M. Pim Knaff** (*DP*), *rapporteur*.- ... via Telekomunikatioun an Usproch huelen.

■ **Plusieurs voix**.- A!

#### (Hilarité)

■ **M. Pim Knaff** (*DP*), *rapporteur*.- Dës Gespréicher si komplett confidentiel a ginn och zu kengem Zäitpunkt enregistréiert.

D'Artikelen 6, 7, 8 an 9 betreffen déi verschidde Procéduren d'appel géint Ordonnanze vum Untersuchungsriichter oder der Chambre du conseil géint





Urteeler vun de Bezierksgeriichter, mat Ausnam vum Fong, bei engem ordonnéierte Fuerverbot a bei engem Appell géint en Urteel op Basis vum Fong.

Wéi schonn an de Gesetzestexter virdrun, bleiwen hei och déi zwou Methoden, fir an Appell ze goen, zréckbehalen: entweder no den Norme vum Code de procédure pénale, also iwwert déi physesch Deklaratioun vum Appell beim Greffe, oder awer mat der Derogatioun, dat heescht iwwer E-Mail un de Greffe, deen dann och confirmiert, datt en den Appell kritt huet.

Zu de Recoursé bei der Chambre de l'application des peines: Och dës Dispositioun gëtt verlängert. An do kann een de Recours dann och entweder perséinlech maachen oder duerch E-Mail un d'Address vum Greffe.

Wéini soll den Text a Kraaft trieden. De Projet de loi gesäit vir, datt dëst mat der Publikatioun am Journal officiel soll geschéien.

Fir all weider Detailer géif ech op de schréftleche Rapport verweisen. Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren. A wéi mer ofgemaach haten, ginn d'Parteien dann all hiren Accord.

Merci.

*(Hilarité)*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem honorabelen Här Pim Knaff villmools Merci.

Mir kënnen dann direkt ouni Diskussioun zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7917 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 7917<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7917 et dis-pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un.

■ **Une voix.**- Oui!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëm-men uegholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Félix Eischen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## 20. 7918 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 décembre 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière civile et commerciale

Mir kommen elo zum Projet de loi 7918, enger tem-porairer Upassung vu verschiddenen Delaie bei zivilen a kommerzielle Prozeduren. Mam Accord vun der zoustänneger Kommissioun gëtt no der Presentatioun vun der Rapportrice ouni Dis-kussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. An d'Rapportrice, déi honorabel Madamm Carole Hartmann, ass scho prett.

**Rapport de la Commission de la Justice**

■ **Mme Carole Hartmann (DP), rapportrice.**- Merci, Här President. No de strofrectleche Prozeduren, déi am viregte Projet de loi viséiert waren, komme mer mat dësem Projet de loi bei déi zivilrechtlech, commercial an administrativ Prozeduren. Och hei sinn am Kader vun der Pandemie eng Rei zäitlech begrenzte Mesuré während dem État de crise per Règlement grand-ducal, duerno iwwer e Gesetz vum Juni 2020 agefouert ginn.

Well d'Situatioun nach kee Retour à la normale erméiglecht huet, ass dëst Gesetz bis elo zweemol verlängert ginn a gëtt mam Projet de loi, deen ech lech presentéieren, eng drëtte Kéier verlängert. Eis Justiz, den Accès à la justice, wat e fundamentaalt Recht ass, muss och an dëse schwéieren Zäiten assuréiert bleiwen. Well awer och virun eise Ge-riichter d'Verbreedung vum Virus, esou gutt et geet, limitéiert an all Mënsch geschützt muss ginn, solle mat dësem Projet de loi déi temporaire Mesuré weider verlängert ginn.

Konkreet geet et an dësem Projet de loi notamment ëm d'Gerichtsaffären, déi duerch eng Procédure écrite ginn, dat heescht, wou d'Argumenter schréft-lech ausgetosch ginn. Normalerweis kënn et um Schluss vun där Prozedur zu enger Sitzung en pré-sentiel, wou d'Mandatairen an hire Plaidoirien nach eemol op eenzel Argumenter kënnen agoen.

Mat der Verlängerung vun haut bleibt et derbäi, dass dës Affären och kënnen en délibéré geholl ginn, ouni dass d'Mandatairen nach eemol op d'Gericht komme mussen. Wichteg heibäi bleibt, dass d'Affe-kote vun de Parteie mussen domadder averstane sinn, dass et net méi zu enger Sitzung an hirer Pre-senz kënn. Wann en Affekot freet, fir mëndlech ze plädéieren, muss en dat och maache kënnen.

Dës temporaire Derogatioun gëllt weiderhi souwuel fir Affäre virun eise Verwaltungsgeriichter, virum Verfassungsgericht, dem Cassatiounsgericht an och den zivilrechtleche Juridiktiounen, déi en ma-tière civile et commerciale siegéieren. D'Farde de procédure, déi an der Procédure écrite virun den zivilen a commerciale Geriichter soss ëmmer no de Plaidoirien deposéiert ginn ass, kënnen säit der leschter Modifikatioun vum Gesetz bis spëitstens zwee Deeg ouvables no dem Dag vun de Plaidoi-rien deposéiert ginn.

Dës prozedural temporaire Mesuré gi mat dësem Projet de loi bis déi nächst Vacances judiciaires, also bis de 15. Juli 2022, verlängert.

Do dernieft, Kolleginnen a Kollegen, verlängere mer och d'Derogatioun, déi temporaire par rapport zum Artikel 440 vum Code de commerce gemaach gëtt. Normalerweis muss e Commerçant nämlech, wann en en cessation de paiement ass, innerhalb vun engem Mount en Aveu de faillite maachen. Dësen Delai ass weiderhi suspendéiert, an dat bis den 30. Juni 2022.

Och bei der Deklaratioun vu Gebuerte gëtt den entsprechenen Artikel vum initiale Gesetz weider verlängert. Et bleibt de Moment also derbäi, dass ee weiderhin ee Mount Zäit huet, fir eng Gebuert op der Gemeng unzemellen, dëst elo emol bis den 30. Juni 2022.

En anere Gesetzesprojet, dee méi spët an dëser Sitzung wäert gestëmmt ginn, wëllt dësen Delai de manière générale vu fënnf op zéng Deeg eropset-zen. Net méi verlängert iwwert den 31.12. dëst Joer eraus gëtt mat dem Accord vun der Chambre des Notaires d'Méiglecheet, fir beim Nottär Hypo-thèques conventionnelles iwwer eng Procuratioun ze ënnerschreien.

Ofschléissend ginn ech nach ganz kuerz op d'Avi-sen an. De Staatsrot hat weider keng Observatioun zu dësem Projet. D'Bezierksgeriichter vun der Stad a vun Dikrech hunn de Projet och approuvéiert an ënnerstrach, dass déi temporaire Derogatiounen zu positiven Erfahrungen an der Praxis gefouert hunn.

Fir all weider Detailer verweisen ech op de schréft-leche Rapport. Ech ginn dann d'Zoustëmmung net nëmme vu menger Fraktioun, mee vun hinnen alle-guerten. An ech géif lech Merci soe fir d'No-lauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech soen der Madamm Rapportrice Carole Hartmann villmools Merci.

A wéi ugekënnegt, komme mer ouni Diskussioun elo direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7918. Den Text steet am Document parlementaire 7918<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7918 et dis-pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëm-meg uegholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Félix Eischen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole*

*Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par M. François Benoy), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## 21. 7908 - Projet de loi portant modification de l'article 55 du Code civil en vue de la prolongation du délai des déclarations de naissance

Mir kommen elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 7908 iwwert d'Verlängerung vum Delai fir Gebuertsmeldungen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den hono-rabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Justice**

■ **M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur.**- Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, wéi d'Carole Hartmann ons schonn ugedeit huet, schwätzen ech am Gesetzesprojet 7908 iwwert d'Verlängerungen, fir Kanner unzemellen. No en etleche gesetzleche Verlängerunge während der Pandemie fir méi e laangen Delai fir déi neigebuer Kanner ännere mer mat dësem Gesetz dësen Delai elo definitiv a fixéieren en op zéng Deeg. Bis ewell, wéi gewosst, war en op fënnf Deeg beschränkt.

Während den éischte Méint vun der Pandemie hate mer den Delai opgehuwen - komplett! -, dunn op ee Mount fixéiert. Aus der Erfahrung eraus ass elo de Konsens zustane komm vun zéng Deeg. Dat geet duer. An et gëtt dann och méindes op deene Gemengen um État civil, wou eng Maternité ass, warscheinlech kee Stau méi am Guichet, fir d'Kan-ner unzemellen. Ech wëll awer och nach bemierken, dass dëse verlängerten Delai deene Fraen d'Liewe méi licht mécht, déi eleng si fir ze accouchéieren an all Demarchë selwer erleedegen.

D'Justizministesch huet de Projet dësen 8. Novem-ber deposéiert. De Staatsrot war domadder aver-stanen de 16. November. An der Justizkommissioun hu mer de Projet den 1. Dezember analy-séiert, de Rapporteur bestëmmt. An den 8. Dezem-ber hu mer en uegholl.

Den Accord vu sämtleche Fraktiounen an der Kom-missioun war do, dofir kënnen mer zum Vott iwwer-goen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Rapporteur Charles Margue.

Als éischte Riedner ass hei awer d'Madamm Octavie Modert agedroen.

**Discussion générale**

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Jo, merci, Här Pre-sident. Merci, Här Rapporteur fir Äre Rapport. Ech mengen, datt et tatsächlech no enger laanger Zäit vun Existenz vun deem Delai vu fënnf Deeg, fir säin neigebuerend Kand umellen ze goen, oder wien dat och ëmmer mécht, wichteg war, dat eng Kéier ze iwwerdenken, dat och auszudeenen, der haiteger Zäit besser Rechnung ze droen. D'CSV dréit och duerfir dëse Projet mat.

Ech géif vläicht just wëlle suggeréieren, datt een no enger Zäitche soll evaluéieren, wéi dat heite sech auswierkt, well d'CSV sech et nämlech och virstelle kéint, datt een, fir där haiteger Zäit och besser Rechnung ze droen, sech och kéint virstellen, ob een net kéint zousätzlech op eng elektronesch Deklaratioun iwwergoen an/oder eng Permanence vun engem Officier d'état civil während gewëssene Stonnen oder engem, zwee hallwen Deeg an der Woch an deene Maternitéen, wou déi meeschte Kanner op d'Welt kommen, géif kënnen maachen.

Dat géif och erlaben, dann driwwer nozedenken, wat de Substitut a sengem Avis geschriwwen hat, datt ee samschdes a sonndes net am Delai sollt mat anzielen. Och wann déi Saache sech vläicht mat deem Delai do vun zéng Deeg e bëssen eriwwegen, mengen ech, wär et dofir awer wichteg, datt een dat no enger Zäitchen eng Kéier nofroen op deene betreffende Plazen, wéi dat Ganzt sech auswierkt.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Modert. Si weider Wuertmeldungen zu dësem Projet de loi do?

Wann dat net de Fall ass, kënnen mer och direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7908 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 7908<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7908 et dis-pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An och dëse Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par M. François Benoy), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## 22. 7533A - Projet de loi portant modifi-cation :

**1° du Code pénal ;**

**2° du Code de procédure pénale ;**

**3° de la loi modifiée du 17 mars 1992 portant**

**1. approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de sub-stances psychotropes, faite à Vienne, le 20 dé-cembre 1988 ;**

**2. modifiant et complétant la loi du 19 février 1973 concernant la vente de substances médica-menteuses et la lutte contre la toxicomanie ;**

**3. modifiant et complétant certaines dispositions du Code d'instruction criminelle ;**

**aux fins de transposition de la directive (UE) 2018/1673 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2018 visant à lutter contre le blan-chiment de capitaux au moyen du droit pénal**

De Projet de loi 7533A, eng Upassung vum Lëtze-buerger Stofrecht fir de Blanchiment vum Kapital ze bekämpfen steet als leschte Punkt um Ordre du jour vun haut. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif direkt d'Wuert ginn un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Charles Margue.

**Rapport de la Commission de la Justice**

■ **M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur.**- Merci, Här President. Et geet an dësem Gesetzes-projet ëm d'Transpositioun vun der Direktiv 2018/1673 vum 23. Oktober 2018, an där et ëm d'Wäisswäscherei vu Kapital geet.

Den 3. Dezember zejoert hätte mer se missen ëmgusat hunn. Dat heescht am Kloertext, dass mer e Joer Verspéidung hunn.

Déi Lëtzebuerger Gesetzgebung ass schonns an engem grouse Mooss konform, mat den Disposi-tiounen aus dëser Direktiv, an dëse Projet huet eng besonnesch Wichtegkeet fir Lëtzebuerg, fir eis un déi nei Exigenze vun europäesche Recht unzepas-sen, zemoos well fir 2022 de GAFI an d'Land kënn, fir eisen Dispositif géint d'Wäisswäscherei ze eva-luéieren. Eng schlecht Bewäertung hätt noutge-dronge Konsequenze fir Lëtzebuerg a seng Finanz-plaz.

Dëse Projet 7533 gouf den 18. März 2020 vun der Justizministesch deposéiert. Den 30. Juni huet de Staatsrot fir d'éischt aviséiert. D'Regierung huet doropshin den 21. September zejoert eng Rei Amendementer eragerecht. Den 30. September hu mer eis eng éischte Kéier an der Justizkommis-sioun domat befaasst, hunn de Rapporteur desi-gnéiert, den amendéierte Gesetzesprojet an den Avis vum Staatsrot analyséiert. Dat war zejoert.





Duerno huet d’Kommissioun sech nach fënnefmol mam Projet befaasst tëscht Oktober zejoert an Oktober dëst Joer, ier mer de Rapport den 1. Dezember ugeholl hunn. Dräimol hu mer Amendements parlementaires ugeholl an an där Zäit huet de Staatsrot véier Avis complémentaires geschriwwen, dee leschte, wou e säin definitiven Accord ginn huet, nodeems mer de Projet via Amendement an zwee gespléckt hunn. Mir hunn dat an der Kommissioun esou gemaach, fir net nach méi Verspéidung ze kréien.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Charles Margue** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Mir hunn den Text gespléckt via Amendement, well mer eis net eens gi si mam Staatsrot, dee seng Opposition formelle net opginn huet bei engem Amendement vum 22. Oktober zejoert, wou mer den Artikel 506-4 vum Code pénal wollten änneren, fir en Ënnerscheid ze maachen an de Poursuite vu verschiddenen Infractionne wéi se am Artikel 506-1 vum Code pénal opgeléscht sinn.

Am Projet, dee mer elo zur Ofstëmmung bréngen, de 7533A, stinn elo d’Dispositiounen vun der Direktiv, wou de Staatsrot gréng Luucht ginn huet. Am 7533B geet et da just nach ëm d’Artikele 506-1 a 506-4, an ech hoffen, dass dësen Deel säi Wee och geschwënn hei an d’Plenièr fënn.

Mee wat ass Wäisswäscherei? Déi besteet aus dräi Elementer, fir déi eng Preuve muss bruecht ginn: Eng Infraction primaire muss virleien, en Acte de blanchiment, esou wéi et am Artikel 506-1 definéiert ass, eng „Intention délictuelle par rapport à la connaissance de l’origine délictuelle du bien ayant fait l’objet d’un acte matériel de blanchiment“.

Bis 1998 war d’Infraction vu Blanchiment limitéiert op Fongen, déi aus Drogenhandel koumen a gouf sanktionéiert duerch d’Gesetz vum 1973 iwwert d’Lutte contre la toxicomanie. Mam Gesetz vum 11. August 1998 gouf dat geännert an eng spezifesch Sektoun zum Blanchiment am Code pénal ass du bäigesat ginn. Zënterhier definéiert den Artikel 506-1, wat ënner Blanchiment ze verstoen ass a wéi eng Infractions primaires ze berücksichtegen sinn, wann et drëms geet, Wäisswäscherei opzedeecken a Wäisswäscherei ze verfollegen.

Am 7533A änneren mir de Code pénal an de Code de procédure pénale: den Artikel 31 vum Code pénal, deem d’Confiscation spéciale reegelt. Hei geet et drëms, Erreurs matérielles ze rektifizéieren, déi sech am Vott vum Gesetz vum 1. August 2018 an den Text ageschlaach haten, e Gesetz, wou ënner anerem den Artikel 31 iwwerschafft gi war.

Pour rappel wat d’Strofmooß ugeet: Fir déi am Artikel 506-1 definéiert Infraction primaire am Zesummenhang mam Blanchiment kënnen ee bis dräi Joer Prisong (veuillez lire: dräi bis fënnef Joer Prisong) an 1.250 bis 1.250.000 Euro gesprach ginn.

Am Code pénal änneren mer och den Artikel 506-5, fir eng weider Circonstance aggravante anzeféieren. Déi ass da ginn, wann nämlech e Professionellen am Sënn vum modifizéierte Gesetz vum 12. November 2004 iwwert de Blanchiment an d’Finanzéierung vum Terrorismus am Kader vu senger professioneller Aktivitéit bedeelegt oder Kompliz ass bei engem Acte de blanchiment. Da fänkt ee mat mindestens dräi Joer Prisong amplaz mat engem Joer un.

Vu wiem schwätze mer hei? Vun deene Professionellen. Dat kënnen da Banken, Assurancen, Affekoten, Notairen oder Immobilienagencen sinn.

Den Artikel 506-8 vum Code pénal änneren mer esou ëm, dass een der Jurisprudenz Rechnung dréit, laut där et net noutwendeg ass, par rapport zu der Infraction primaire all d’Beweisementer am Detail müssen nozeweisen, fir zu enger Verurteilung weinst Wäisswäscherei ze kommen. Mer schwätzen hei zum Beispill vun de geneeën Zäitmomenter, vun der geneeër Identitéit respektiv vun den Auteuren.

Schlussendlech gi mer dann och nach un de Code de procédure pénale. Hei änneren mer am Artikel 5-1 ..., konkret ergänzen mer deem esou, dass mer hei am Land och kënnen Persounen poursuivéieren, déi Wäisswäscherei bedreiwen a wou d’Infraction primaire am Ausland begaange gouf an am betreffende Land awer net strafbar ass, wa se duerch en Ausländer begaange gouf, deem net am Land wunnt an och net hei zu Lëtzebuerg interpelléiert gouf, also eng ganz breetgefaasste Kompetenz fir eis Gerichter.

Ech verweise fir méi Detailer op de schréffleche Rapport, wat déi fënnef Avisa vum Staatsrot ugeet. Do kënn Der och de Resümmee vun den Avisen noliessen vum Barreau an de Bezirksgerichter aus der Stad a vun Dikrech, vun den Dierwiechter, der Cour supérieure de justice an dem Parquet général.

Merci fir all déi Avisen, déi déi Leit geschriwwen hunn, déi eis an der Kommissioun wierklech staark beschäftegt hunn. Merci och all de Mataarbechter vum Ministère. Dësse Projet war mat Momenter zimmlech stresseg, mat Zäiten eng Nervesaach, wat den Detail an den eenzelnen Artikelen ugaangen ass.

Ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Här Rapporteur Charles Margue.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar ageschriwwen. Här Mosar, Dir hutt d’Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Jo, merci. E ganz grouss Merci un de President-Rapporteur. En ass haut Dauerrapporteur gewiescht. En huet hei e ganz komplizéierte Projet an einfache Wieder nach eng Kéier resuméiert. Ech wëll och direkt soen: Ech weess, mir sinn alleguerten e bëssen ënner Zäitdrock; ech wäert et also kuerz halen. Ech wollt trotzdem zu deem Projet hei e puer Wuert soen, well ech lech einfach muss soen: Mir stëmmen dee Projet mat, mee mir maachen dat mat ganz grousssem Bauchwéi. An ech kann lech och soen, wann et net eng Transpositioun vun enger Direktiv gewiescht wär, hätte mer et net gestëmmt.

Mee well mir och eis Responsabilitéit kennen, besonnesch an der aktueller Situatioun - déi GAFI-Kontroll, déi virun der Dier steet -, mengen ech, wär et elo net, fir sech hei senger Responsabilitéit ze entzéien.

Ech wollt trotzdem awer soen, firwat mir esou vill Bauchwéi hunn, wa mer deem Text hei stëmmen. Do geet et haaptsächlech ëm een Artikel: Dat ass den Artikel 5-1, wou elo an Zukunft eng Infraction de blanchiment kann onofhängeg existéieren vum enger Infraction primaire. An ech wëll dat trotzdem vläicht eng Kéier och de Kolleeginnen an de Kolleegen, déi net d’Chance hunn, an der Justizkommissioun ze setzen, awer e bësselchen erklären, a wat fir eng Richtung mer elo hei ginn.

Bis elo war et esou, datt wann ee konnt ugeklot gi weinst enger Infraction de blanchiment, huet fir d’éischt missen eng Infraction primaire do sinn an aus där Infraction primaire ass dann e Produit komm, deem een da wäissgewäsch huet an domadder huet ee sech strafbar gemaach.

Elo gi mer hei, an et ass d’Direktiv ..., dat ass also net e Reproche, dee mer der Regierung maachen, mee dat ass eng Initiativ vun der Europäescher Unioun. A wann et elo a verschidde Länner keng Infraction primaire méi gëtt, kann trotzdem hei een zu Lëtzebuerg weinst enger Infraction de blanchiment poursuivéiert ginn. Dat heescht, wann Dir elo am Ausland sidd - hei geet et natierlech virun allem ëm dat net europäesch Ausland oder dat net EU-europäesch Ausland - an Dir sidd do iergendwéi un enger Transaktioun bedeelegt, déi parfaitement legal an deem Land ass, parfaitement legal, Dir kritt do e Produit de vente, Dir kritt déi Suen och op Äre Kont hei zu Lëtzebuerg iwwerweisen, da risquéiert Der, lech hei zu Lëtzebuerg strafbar ze maache weinst Wäisswäsche vu Suen.

Dat ass also näischt Harmloses, wat mir elo de Mëten hei stëmmen. An ech weess, firwat datt et muss sinn. Mir hunn och laang Diskussiounen an der zoustänneger Kommissioun gefouert. Mir hunn awer trotzdem e fundamentale Problem, dat soen ech hei als Fraktioun, datt hei elo eng Infraction de blanchiment amgaangen ass sech ze verselbststännegen an datt et keng Infraction primaire wäert ginn.

Ech soen lech och, mengen ech, et gëtt ganz vill Transaktiounen: Mir sinn en internationaalt Land, e Wirtschaftsstanduert, eng Finanzplaz. Do kommen all Dag Transaktiounen, Virementen aus dem Ausland. Ech brauch lech net ze soen, wat do och erëm op all déi Professionen zoukënn, déi müssen déi Transaktiounen do geréieren.

An ech wollt duerfir och nach eng Kéier allgemeng dozou eng Observatioun maachen an awer och kloer soen, datt d’CSV-Fraktioun natierlech 100%eg géint d’Wäisswäsche vu Suen ass a bis elo jo och alles mat ënnerstëtzt a matgestëmmt huet, wat dozou hei an der Chamber virkum.

Ech muss lech allerdéngs soen, an ech si frou, datt iwwregens de scheidende Finanzminister Pierre Gramegna dat änlech gesinn huet d’lescht Woch, datt mer awer amgaange sinn, hei an eng Richtung ze goen, déi, muss ech lech soen, net méi ganz normal ass.

Haut sinn Dausende vu Leit, déi am Bankesektor, an Notairesetüden, als Expert-comptables, bei Affekoten, an Immobilière schaffen, déi, wa se moies opstinn, scho mat engem Fouss am Prisong stinn. Dat ass einfach eng Realitéit an dat féiert derzou, datt d’Leit ëmmer méi fäerten, Operatiounen ze maachen, déi total legal an total normal sinn. Well ech gi mol dovun aus, datt déi allermeeschten Operatiounen, déi vun deene Professionellen do gemaach ginn, en âme et conscience gemaach ginn, an et alt nëmmen eng ganz kleng Minoritéit ass, déi sech do net un d’Gesetzer hält.

Ech soen lech, dat dote geet an eng Richtung, déi ass einfach net gutt. An ech hunn et schonn e puermol gesot: Mir müssen eis wierklech iwwerleeën, ob mer net amgaange sinn - net hei zu Lëtzebuerg, mee op europäeschem Niveau - do eng lwwerregu-

latioun ze maachen, mat där mer et iwwerhaupt net wäerte fäerdegbréngen, weesentlech méi effikass d’Wäisswäsche vu Suen ze bekämpfen, mee wou mer den normale Bierger an hirem Alldagsliewen d’Saache quasiment onméiglech maachen. An dat ass eng Suerg, ech mengen, déi hu warscheinlech ganz vill Leit och hei an der Chamber ausser mir selwer an ech wëll dat einfach ze bedenke ginn.

An ech soen lech just eppes, ech hunn et och schonn d’lescht Woch eng Kéier hei gesot gehat: Am Ursprung ass jo de Blanchiment eigentlech en place gesat ginn, fir géint Drogenträffek ze kämpfen. Ech soen lech, an ech hunn elo vill an deene leschten Deeg a Méint doriwwer gelies, haut ginn d’Suen am Drogenträffek wäissgewäsch iwwert d’Cryptomonnaien. Dat leeft iwwerhaupt net méi iwwert déi traditionell Weeër. Do lafe mir scho längstens hannendrun. An duerfir hunn ech, wéi gesot, einfach d’Impressioun, hei kréien elo déi normal Bierger, déi sech wierklech näischt zuschulde komme gelooss hunn, et an hirem alldeeleche Liewen ëmmer méi schwéier gemaach.

An duerfir mengen ech, Madamm Minister, wéi gesot, guer kee Virwurf un lech, well Dir gitt hei eppes transposéieren, wou Der kee Choix hutt, mir musse wierklech do an Zukunft vill besser oppassen.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Spautz.

(*Hilarité*)

Wie wëllt d’Wuert nach zu dësem Projet ergräifen? D’Madamm Carole Hartmann.

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Et war den Här Mosar, et war net den Här Spautz.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- O, pardon!

■ **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Ech hunn awer nach e puer Hoer méi wéi den Här Spautz!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech wëll dem Här Laurent Mosar ausdrécklech Merci soen an d’Wuert ginn un déi honorabel Madamm Carole Hartmann.

■ **Mme Carole Hartmann** (*DP*).- Merci, Här President, fir d’Wuert. Als Éischt dem Rapporteur e grouss Merci fir seng zwee Rapporten. Ech mengen, et ass wichteg, dass mer hei déi Transpositioun maachen. De Rapporteur huet et gesot, mir hunn e gewëssene Retard an d’Schwieregkeeten, déi mer an der Kommissioun haten, fir, soen ech emol, dee Projet de loi hei komplett zu Enn ze bréngen; déi sinn do.

Ech wëilt awer ganz kuerz op dem Här Mosar säi „Bauchwéi“ agoen, well déi Diskussiounen, déi hate mer effektiv an der Justizkommissioun. D’Infraction de blanchiment ass a bleibt eng Infraction de conséquence. Dat heescht, mir hunn à la base eng Infraction primaire an et muss eng Infraction de conséquence ginn, eng zweet Infraction also, fir dass mer an der Infraction de blanchiment sinn.

An et ass net ganz richtig, wéi Der et sot, dass am Fong an Zukunft d’Infraction de blanchiment kéint existéieren, onofhängeg vun enger Infraction primaire. Well deem aneren Artikel, dee mer heimadder aféieren, dee seet nämlech kloer, dass indépendamment vun der Infraction de blanchiment trotzdem müssen Éléments factuels établéiert sinn, mee net all Éléments factuels an all Circonstances vun der Infraction primaire.

Et ass awer och kloer, an dat huet de Staatsrot och gesot, an de Barreau aus der Stad huet et ënnerstrach, dass et wichteg ass a bleibt, dass trotzdem eng Infraction primaire hei do ass. Dat heescht, et ass net esou, dass mer hei e Blanchiment kënnen poursuivéieren, oui dass eng Infraction primaire do ass. An ech mengen, dat ass och wichteg, elo an der Ëmsetzung vun dësem Gesetz ze kucken, dass och effektiv d’Poursuite gemaach gëtt, dass eng Infraction primaire och trotzdem qualifizéiert gëtt. Se muss net an all Prezisioun etabléiert ginn, dat ass richtig, mee se muss awer do sinn, well soss si mer net méi an enger Infraction de blanchiment, soss si mer net méi an enger Infraction de conséquence an dat ass, mengen ech, wichteg. An dat wäerte mer dann an der Ëmsetzung vun dësem Gesetz hei kënnen verfollegen.

An ech sinn duerchaus Ärer Meenung, dass dat och soll esou bliwen, dass et eng Infraction de conséquence ass an dass se net oui eng Infraction primaire soll existéieren. An dat muss mer, mengen ech, da gesinn, wéi et ëmgesat gëtt. A wann et do néideg ass nozebesseren, mengen ech, sollte mer an der Justizkommissioun nach eemol doriwwer diskutéieren. Mee et ass wichteg, wéi gesot: Et gëtt eng Infraction primaire, et gëtt eng Infraction de conséquence. De Blanchiment ass net eng Infraction unique. Dat wollt ech just preziséieren.

Merci. Mir ginn natierlech d’Zoustëmmung vun der DP.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Hartmann. An da kritt d’Nopesch d’Wuert, déi honorabel Madamm Cécile Hemmen.

■ **Mme Cécile Hemmen** (*LSAP*).- Jo, merci, Här President. Also fir d’LSAP ass et emol wichteg, dass eis national Legislatioun an der Lutte géint Geldwäsch an d’Finanzéierung vum Terrorismus verstärkt an och moderniséiert gëtt. An an deem Kontext ass dës Transpositioun e ganz wichteg Fundament.

Donieft muss awer och eis Finanzplaz am Land esou konform wéi méiglech mat de GAFI-Recommandatiounen sinn. An och heifir ass dee Projet fundamental. Dofir kann ech och nëmmen den Accord gi vu menger Fraktioun. Also, wéi gesot, d’LSAP stëmmt derfir.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Hemmen.

An da froen ech, ob d’Madamm Ministesch d’Wuert wëllt ergräifen? Dat ass de Fall.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*.- Jo, just ganz kuerz. Ech wollt awer nach e puer Saachen elo soen. Bon, d’Madamm Hartmann huet et scho ganz pedagogesch erkläert. Op dee reng juristesche Volet muss ech dann eventuell net méi agoen.

Vläicht nach eng Kéier zu dem ..., well dat elo vill ugeklongen ass, firwat dat elo esou laang gedauert huet. Dat ass eebe grad, well mer op där enger Säit natierlech wollten d’Direktiv transposéieren an op där anerer Säit ass den Dossier gespléckt ginn, well mer probéieren, awer verschiddenen Ausuferungen, déi mer festgestallt hunn an der Applikatioun vum Blanchiment, e bëssen e Rigel vorzeschiben.

Do wou ech méi de Problem gesinn, Här Mosar, dat ass net bei de Professionelle vum Finanzsektor. Ech menge schonn, dass wann een an deem Sektour schafft, dass een do eng grouss Responsabilitéit huet an dass een do net all Moien, wann een opsteet, mat engem Fouss am Prisong steet, mee dass, wann ee seng Aarbecht ganz seriö mécht ..., a mir sinn op all eenzelne Professionellen aus dem Sektour ugewisen, fir seng Aarbecht ganz seriö ze maachen, well do hänkt nämlech och déi ganz Reputatioun vun der Finanzplaz hannendrun.

Mee et geet mir, et geet eis drëm - an do hu mer jo laang driwwer diskutéiert an dat ass elo leider net hei am Text dran, well mer mam Staatsrot do nach net op e gréngen Zweig komm sinn -, dass wann een enger Situatioun ass, wou een e Blanchiment détention huet, wou och een net Professionellen aus dem Finanzsektor ka ganz einfach drakommen. Dat heescht, wann een zum Beispill e geklautenen Objet op sech huet, da kann een do drënnerfale an dat ass eng Infraction, déi relativ fréquemment libelléiert gëtt. Dat huet eng ganz einfach Ursach, well nämlech d’Sanktiounen op de Blanchiment méi héich sinn, wéi se op verschiddenen Infraction-primairé sinn. An do gesinn ech wierklech e Levier, wou mer müssen usetzen. Do hate mer elo e sëllege Navetté beim Staatsrot.

A well mer net virukomm sinn, hunn ech dunn decidéiert, dass mer de Projet géifen an zwee splécken, fir dass mer elo mol op deem, wat mer musse maachen, wat mer müssen transposéieren, weiderkommen. An dat anert, fir de Kader e bësse méi anzuschranken op de Blanchiment, zemoools um Blanchiment détention, do muss mer nach weider dru schaffen.

Mee ech wollt awer wierklech en Appell maachen: Et ass extreem wichteg, dass mer natierlech e juristesche Kader hu fir eise Finanzsektor, dee kloer ass, wou jiddweree weess, wou en drun ass, mee dass mer dat net sollen esou duerstellen, wéi wann deem iwwerdriwwer wär, well mir liewe vun där Finanzplaz. Mir hunn also och eng Responsabilitéit als Staat, dass déi Finanzplaz uerdentlech a prop-per do steet, an do hänken eeben och alleguerten déi Texter hannendrun. Ech mengen net, dass dat iwwerdriwwen ass, wann een do eeben och verschidde Garantië vun den eenzelnen Acteurs verlaangt.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools der Madamm Justizministesch. Parole après ministre fir den Här Laurent Mosar.

■ **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Jo, merci, haaptsächlech vläicht och nach eng Kéier, fir ze reagéieren par rapport zu der Madamm Hartmann. Madamm Hartmann, dee Fall, deem ech hei zitéiert hunn, dat ass guer net deem do. Wat ganz kloer ass: Hei bei eis am Land, do muss nach ëmmer eng Infraction primaire virleien.

Ëm wat fir e Fall geet et? Et geet hei ëm eng Infraction, déi le cas échéant sech hätt kënnen am Ausland ofspillen. An do brauch keng Infraction méi virzeleien. Dat heescht, wann do elo ... Kommt mir huelen elo mol iergendeng Affaire fiscale, et kéint jo esou eng sinn. Dat ass an deem Land net strafbar. Wann dat bei eis strafbar ass als Infraction primaire, kann dat poursuivéiert ginn an ech mengen, dat ass déi grouss, kommt mir soen Ouverture. Ech hu jo net gesot, datt dat elo esou misst kommen. Ech hu gesot, et ass eng grouss Gefor hei, datt wann am Ausland eppes net bestrooft gëtt, also keng Infraction primaire am Ausland besteet, et awer hei zu Lëtzebuerg bestrooft gëtt, et also kann zu enger Infraction secondaire féieren.





An do muss een awer ganz, ganz virsiichteg sinn an dat sinn déi Bedenken, déi ech hei ubruecht hunn, well mer jo awer wëssen: Mir sinn en internationaalt Land an et si ganz vill Transaktiounen, déi iwwer aner Länner a mat anere Länner zesumme gemaach ginn. An duerfir mengen ech, soll ee ganz, ganz virsiichteg sinn. An nach eng kéier, et geet eis jo hei iwwerhaupt net drëm, fir elo net géint de Blanchiment effikass virzegoen. Et geet awer och drëm, datt dee ganze Secteur, an dat si vill Leit an och vill Aarbechtsplazen, déi dorunner hänken, datt déi awer nach kënnen ënner normale Konditiounen hei schaffen.

An Ären elo geschwënn Exkolléeg, den Här Gramegna, huet selwer d'lescht Woch hei gesot, datt hien dat wéisst, datt d'Banken am Moment heiansdo ganz retizent wären, fir zum Beispill Konten opzemaachen, well awer do eng Angscht besteet, en infraction zu eenzelnen Artikelen vum Blanchiment ze sinn.

Duerfir nach eng kéier: Mir sinn eis en gros eens. Ech hätt just gär och am Numm vu menger Frak-

tioun, datt mer dat doten awer ganz genau am A halen. D'Madamm Hartmann huet Recht, et muss een elo oppassen, wéi dat do vun der Jurisprudenz interpretéiert gëtt, a le cas échéant muss een onbedéngt do nobesseren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7533A. Den Text steet am Document parlementaire 7533A<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7533A et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen bei kenger Géigestëmm a kenger Abstentioun ugeho.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7533A est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun de Moien ukomm. D'Chamber kënnt de Mëtteg um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

**(La séance publique est levée à 12.36 heures.)**

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Marc Spautz, Vice-Président

Jeudi 16 décembre 2021

## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. 7924 - Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° de la loi modifiée du 6 janvier 1995 relative à la distribution en gros des médicaments ;

3° de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant 1° dérogation temporaire à certaines dispositions en matière de droit du travail en relation avec l'état de crise lié au Covid-19 ; 2° modification du Code du travail ;

4° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ;

5° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction d'une mesure temporaire relative à l'application de l'article 12 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ;

6° de la loi modifiée du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19 ;

7° de la loi du 24 juillet 2020 portant dérogation temporaire aux articles L. 524-1, L. 524-2, L. 524-5, L. 541-1 et L. 541-2 du Code du travail ;

8° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 portant dérogation temporaire à l'article L. 121-6 du Code du travail ;

9° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;

10° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance ;

11° de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code

du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail

- Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo

- Discussion générale : M. Claude Wiseler (interventions de M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre, Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, Mme Viviane Reding, M. Michel Wolter, Mme Martine Hansen et M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique) - M. le Ministre Marc Hansen (interventions de M. Laurent Mosar et M. Guy Arendt) - M. Claude Wiseler - M. Gilles Baum (intervention de M. Claude Wiseler) - M. Georges Engel - Mme Josée Lorsché - M. Jeff Engelen (dépôt de la motion 1 et de la résolution 1) - Mme Nathalie Oberweis (dépôt des motions 2 à 4) - M. Sven Clement (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - M. Mars Di Bartolomeo

- Prises de position du Gouvernement : M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre - Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé - Mme Martine Hansen (parole après ministre) - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) - M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Résolution 1 : M. Georges Engel - M. Claude Wiseler

- Vote sur la résolution 1 (rejetée)

- Motion 1 : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse - M. Claude Wiseler

- Vote sur la motion 1 (rejetée)

- Motion 2 : M. Sven Clement - M. Fernand Kartheiser - M. Claude Wiseler - Mme Nathalie Oberweis (intervention de Mme Myriam Cecchetti) - M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre

- Vote sur la motion 2 (rejetée)

- Motion 3 : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé - M. Fernand Kartheiser - Mme Nathalie Oberweis - M. Claude Wiseler - M. Mars Di Bartolomeo

- Vote sur le renvoi de la motion 3 en commission (adopté)

- Motion 4 : M. Fernand Kartheiser - Mme Nathalie Oberweis (inter-

vention de Mme Myriam Cecchetti) - M. Sven Clement - M. Georges Engel - M. Claude Wiseler - Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé - Mme Nathalie Oberweis

- Vote sur la motion 4 (rejetée)

### 3. Motion de Mme Martine Hansen relative aux mesures prises au sein des hôpitaux dans le cadre de la pandémie de la Covid-19

- Exposé : Mme Martine Hansen

- Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

- Discussion générale : M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement - Mme Nathalie Oberweis (interventions de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, Mme Myriam Cecchetti et M. Sven Clement) - M. Mars Di Bartolomeo - Mme Martine Hansen (interventions de Mme la Ministre Paulette Lenert, M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre, et M. Mars Di Bartolomeo) - Mme Myriam Cecchetti

- Prise de position du Gouvernement (suite) : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

- Vote sur la motion (rejetée)

### 4. Hommage à Mme Françoise Hetto-Gaasch

- M. Fernand Etgen, Président

### 5. Hommage à M. Claude Haagen

- M. Fernand Etgen, Président

### 6. Hommage à M. Georges Engel

- M. Fernand Etgen, Président - M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement

### 7. Discours de M. le Président

- M. Fernand Etgen, Président - M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement

### 8. Discours de fin d'année de M. le Président

- M. Fernand Etgen, Président

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre ; M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, M. Marc Hansen, Mme Paulette Lenert et M. Lex Delles, Ministres.**

*(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)*

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sëtzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Nee, Här President, dat ass elo net de Fall.

### 2. 7924 - Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° de la loi modifiée du 6 janvier 1995 relative à la distribution en gros des médicaments ;

3° de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant 1° dérogation temporaire à certaines dispositions en matière de droit du travail en relation avec l'état de crise lié au Covid-19 ; 2° modification du Code du travail ;

4° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ;

5° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction d'une mesure temporaire relative à l'application de l'article 12 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ;

6° de la loi modifiée du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19 ;

7° de la loi du 24 juillet 2020 portant dérogation temporaire aux articles L. 524-1, L. 524-2, L. 524-5, L. 541-1 et L. 541-2 du Code du travail ;

8° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 portant dérogation temporaire à l'article L. 121-6 du Code du travail ;

9° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;

10° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance ;

11° de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Op eisem Ordre du jour vun de Mëtte steet de Projet de loi 7924, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Aféierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, den Här Gilles Baum, den Här Georges Engel, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Sven Clement.

An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Santé et des Sports**

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, gär hätte mer all eise Matbirgerinnen a Matbirger en anere „Kaddo“ - tëschent Guillemeten - ënnert de Beemche geluecht wéi de Projet de loi 7924, zu deem ech elo de Rapport am Numm vun der Gesondheets- a Sportskommissioun wäert virdroen, an dach léisst deen onberechenbare Virus eis keen anere Choix.

Näischt maachen ass keng Optioun, an esou leed et mer och deet: Mir musse weider op d'Zänn bäissen oder besser: eis picke loossen, well d'Impfung déi bescht Waff géint dee Krankmécher an - et däerf een esou soen - dee mäerderesche Virus ass. Impfung wierkt, net aleng, mee kombinéiert mat deene Moossnamen, déi mer alleguer geléiert hunn, sinn et déi beschte Waffen, déi et géint de Virus gëtt: Maske bereethalen, den Ofstand respektéieren an eis Hänn virusfräi halen, testen net vergiessen, wa mer déi Tester ugebuede kréien oder wa mer onsécher sinn, dass et eis net och kéint getraff hunn.

De Virus riicht sech géint jiddwereen an duerfir, mengen ech, musse mer méi wéi jee zesummeréckelen, him esou wéineg Ugrëffsfläche wéi méiglech loossen. An deem Kampf géint de Virus ass näischt 100%-eg sécher, mee villes evident.

Mir mussen eis permanent un d'Situatioun um Terrain upassen, an duerfir och dëst Gesetz.

Ech hunn opgehole mat zielen, mee et dierft wuel dat 24. oder 25. Gesetz sinn, fir dat ech hei virun lech stinn.

Déi aktuell Situatioun um Terrain ass net gutt! D'Infektiounszonele sinn an deene leschte Wochen an Deeg staark geklommen. An och wa se elo an där leschter Woch nees e bëssen erofgaange sinn, wëllt dat net heeschen, dass mer à l'abri si vun neie Picken. De Corollaire dovun ass, dass d'Zuel vun den Hospitalisatiounen och geklommen ass, mat an där leschter Woch 55 Covidpatienten an de Soins normaux an 23 Patienten op den Intensivstatiounen.

An deene leschten Deeg sinn dës Zuelen nach weider an d'Luucht gaangen. Dës Hausse huet dozou gefouert, datt d'Cellule de crise nationale en Dënschden decidéiert huet, d'Phas 3 fir d'Spideeler auszeruffen. Dat ass noutwendeg an ech mengen, do ass et wichteg, dass mer schnell kënnen reagéieren. An déi Reprochen, déi elo geäussert ginn, soll ee ganz staark relativéiere vis-à-vis vun deem, wat mer musse maachen, fir dass mer eis Spideeler an déi Leit, déi do schaffen, net iwwerfuere.

Dat bedeit, déi Phas 3 an de Spideeler, dass net dréngend chirurgesch Agrëffer - an ech ënnersträichen: net dréngend chirurgesch Agrëffer - kënnen verréckelt ginn. Spëtstens dës Decisioun weist eis, wéi eescht d'Situatioun ass! Et gëllt deemno, elo decidéiert ze handeln, well et ass erëm eng kéier fënnef fir zwielef. Mee et ass nach net ze spët, fir dorop ze reagéieren.





Duerfir sinn nieft deene bisherege Moossnamen, déi gréisstendeels a Kraaft bleiwen, virun allem zwou grouss Ännerunge mat dësem Gesetz virgesinn. Et si Mesuren, déi ee sech virun der Pandemie wuel net hätt kënne virstellen, déi awer elo noutwendeg sinn, wa mer wëllen d'Verbreedung vum Virus reduzéieren an esou eng lwwerfuering vum eisem Gesondheetssystem a virun allem vun deene Leit, déi während annerhallwem Joer um Limitt fieren, wëlle verhënneren.

Eng éischt grouss Ännerung ass déi generell Aféierung vum CovidCheck-Regimm 2G fir Fräizäitaktivitéiten, dat heescht, dass ee muss geimpft oder geheelt sinn, fir un esou Aktivitéiten deelzehuelen. Aleng getest ze si geet net méi duer. Dat geet vum Besuch an de Restaurant iwwert d'Pruf an der Museksgesellschaft bis un d'Deelhuelen un engem Championnatsmatch am Sport um Weekend.

Et ass keng Measure fir auszegrenzen, mee et si Mesurë fir d'Pandemie anzegrenzen!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Deen Eenzege, deen hei ausgegrenzt soll ginn, ass de Virus, ...

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - ... an dee sicht sech prioritär déi aus, déi am mannste virun em geschützt sinn. Dat ass eng vun den Evidenzen, déi net vu Politiker kënn, mee déi vun der Wëssenschaft kënn! Elo kann een et besser wësse wéi d'Wëssenschaft, mee Wëssenschaft heescht Wëssenschaft, well se eebe méi weess wéi déi meescht vun eis all. Ech gleewe jiddefalls dat, wat d'Wëssenschaft eis seet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Et ginn dann och elo e puer Ausnamen zu deem Regimm festgehalen. D'Kanner vun ënner 12 Joer an 2 Méint sinn net vum CovidCheck-Regimm be-  
traff. Fir Kanner a Jugendlecher tëschen 12 Joer an 2 Méint a bis zu 19 Joer gëllen Ausnamen, fir hire Sport am Veräin kënnen ze maachen oder fir an engem Museksveräin u Prouwe kënnen deelzehuelen. Fir si gëllt de Regimm vum 3G. Dat selwecht gëllt och fir Jonker aus der selwechter Alterskategorie, déi u Bannenaktivitéiten am Peri- a Parascolaire deelhuele.

D'Kantinnen a Schoulen an d'Restaurants sociaux, Beispill Stëmm vun der Strooss, sinn net vum deem 2G-System be-  
traff, well do wär d'Alternativ, dass déi Leit, déi e waarmt lesse brauchen, e kaalt lessen op der Strooss misste kréien. An dat ass net de Wonsch vum deem Gesetz.

Wichtig ass och, dass mat dem CovidCheck-Regimm eng lwwerprüfung vun der Identitéit, net ze verwiessele mat enger Identitéitskontroll - dat ass d'Saach vun der Police -, obligatoresch fir den Organisateur oder de Bedreiwer gëtt.

D'Persoun, déi un der Aktivitéit wëllt deelhuele oder an d'Lokal erawëllt, muss eng Pièce d'identité weisen. Dat kann eng Identitéitskaart sinn, mee och eng Studentekaa-  
rt oder e Führschäin, wou den Numm an eng Foto vun der Persoun drop sinn. Dat soll verhënneren, dass Leit mat Impfzertifikater vun aneren erakommen.

Anerersäits gëllt op der Aarbechtsplaz ab dem 15. Januar, e wichtigen Datum - déi aner Moossnamen treden direkt a Kraaft, déi heite Moosssnam tritt ab dem 15. Januar a Kraaft -, de Regimm 3G.

Am Kloertext bedeit dat, dass eng Persoun, déi op seng Aarbechtsplaz kënn, muss kënnen e Zertifikat virweisen, dass se geheelt, geimpft oder getest ass. De Salaré, Fonctionnaire oder Indépendant, deen net kann oder net wëllt esou en Zertifikat weisen, duerf net op senger Aarbechtsplaz zougelouss ginn. Wann ee sech mat sengem Chef eens gëtt, kann een da Congé huelen. Wann ee sech net eens gëtt, gëtt een net fir déi Zäit bezuelt, wou een op senger Aarbechtsplaz feelt.

Den Text gesäit vir, dass déi betraffe Persoun awer weiderhi verséichert bleift, dat souwuel, wat seng Sozialversécherung ubelaangt, wéi, wat d'Pensionskeess ubelaangt. Sollt ee manner wéi 64 Stonnen am Mount schaffen, iwwerhëlt den Employeur d'Bezuele vun de Cotisations. Spéiderhi kann den Employeur dann d'Part salariale vum Gehalt vun der betraffener Persoun erëm eranhuelen, dëst während maximal sechs Méint.

Wichtig ass, dass d'Feelen op der Aarbechtsplaz, well een den 3G net respektéiert, kee valabele Grond ass, fir eng Persoun ze entloossen. Eng Verifikation vun der Identitéit ass am Fall vum 3G-Regimm op der Aarbechtsplaz och méiglech, falls noutwendeg. Et ass wichtig, dass bei den noutwen-  
dege Gesprécher tëschen de Sozialpartner an der Regierung eng Eenegung fonnt ginn ass, fir och ze ënnersträichen, ëm wat et geet. Hei geet et net drëm, eng Politik géint d'Beschäftegt ze maachen, mee erëm eng Kéier géint de Virus, an dat zesummen: an deem Fall d'Regierung, mir all, mat de Sozialpartner zesummen. An dat ass dee richteg Wee.

Fir d'Kontrollen ze vereinfachen - an dat gëllt am Betrib grad ewéi am Horeca-Secteur -: Wann ee méi oft aus- an ageet, kënne Lëschte gemaach ginn, an dat gëllt souwuel fir den 2G- wéi fir den 3G-Regimm.

Wichtig ass, dass Persounen, déi kontrolléiert ginn, selwer entscheede kënnen, ob se wëllen op eng Lëscht dropkommen oder net. Niewent dem Numm kënn op dëser Lëscht och d'Validitéitsdauer vum Zertifikat stoen. D'Fro, wéi laang eis aktuell Impfzertifikater valabel sinn, gëtt aktuell nach um euro-  
päesche Plang duerchdiskutiert. Lëtzebuerg setzt sech do fir eng Dauer vun 12 Méint an, während d'EU-Kommission eischter a Richtung 9 Méint wëllt goen. Do musse mer kucken, wat an deenen nächste Wochen dobäi erauskënn. Fest steet duer-  
fir awer d'Validitéitsdauer vun den Zertifikater vun de Leit, déi geheelt sinn, déi bei 6 Méint läit.

Esou Lëschten duerfen och nëmme bis zum Aus-  
lafe vun deem Gesetz opbewart ginn, dat heescht bis zum 28. Februar. Dono musse se zerstéiert ginn, à moins dass dee System géif verlängert ginn.

Eng weider Modifikation vum deem Projet de loi be-  
trëfft d'Validitéitsdauer vun de Covidtester: D'Resultater vun negati-  
ve PCR-Tester sinn nëmme nach 48 am-  
plaz 72 Stonne gël-  
teg an déi vun zerti-  
fi-  
zierten Antigentester sinn nach just 24 Stonne gël-  
teg.

Eng weider wichtig Neierung be-  
trëfft den Zougang fir Strukture mat vulnerabele Persoune wéi eis Spideeler oder Seniorenheime, déi an en-  
kem Kontakt mat Patienten oder Residenten kommen. Niewent dem Virweise vun engem 3G-Zertifikat musse si och en Autoschnelltest op der Plaz ma-  
chen. Déi duebel Obligatioun gëllt awer net fir Leit, déi an e Spidol ginn a kee Kontakt mat Patienten hunn, zum Beispill wa se e Rendez-vous an enger Dokteschpraxis hunn. Selbstverständlech gëllen do déi allgemeng Moosssname vun dem Schutz iwwer Masken.

Doniewent féiert dësen Text och Niegekeete bei den Zertifikater an. Et gëtt en neien Zertifikat age-  
fouert fir Leit, déi sech aus gesondheetleche Grënn net kënnen impfe loos-  
sen. Do ass eng Lëscht opge-  
stallt gi vun der Gesondheitsdirektioun, wat fir eng Krankheeten dorënner falen. Déi Leit melle sech bei hirem Dokter, an den Dokter bescheinigt hinnen dann, ënner wat fir eng Kategorie vu Krankheete se falen.

Da gesäit den Text och Modifikatiounen vir, wat d'Impfe vu Jugendlechen ugeet. E Jugendleschen tëschen 12 a 15 Joer braucht nëmme méi d'Autorisation vun engem Elterndeel, fir sech kënne géint Covid-19 impfen ze loos-  
sen. Jugendlecher ab 16 Joer brauche keng Autorisation méi vun hiren El-  
teren, wa si sech dofir decidéieren.

Bei de Rassemblementen vun iwwer zéng Leit muss ee sech u verschidde Mesuren halen. Wann tëschen 11 a 50 Persounen zesumme-  
kommen, musse se e Mask undinn an eng Distanz vun zwee Meter anhalen. Tëschen 51 an, elo mat deem Pro-  
jet de loi, 200 Persounen, mussen niewent der Mask an der Distanz och Sëtzplazen do sinn. D'Ras-  
semblementen vun iwwer 200 Persounen a bis zu 2.000 sinn d'office ënnert dem Regimm vum Covid-  
Check, dat heescht ënner 2G. Natierlech kann en Organisateur awer och decidéieren, Rassemble-  
menten vu manner wéi där doter Zuel ënnert dem CovidCheck-Regimm lafen ze loos-  
sen. Et gëllt och eng Ausnam: Wann ee Rassemblement bei sech do-  
heim huet, da gëllt de Regimm 3G, an do mécht ee just eng Notifikatioun.

Nei spezifesch Dispositionen gëtt et dann och be-  
treffend de Prisong.

Dann erméiglecht dëse Projet de loi och, dass Ap-  
dikter kënne géint Covid-19 impfen, dat ënnert der Bedingung, dass se un enger Formatioun deelhue-  
len. Dës Méiglechkeet ass eng provisoersch Measure, déi esoulaang gël-  
teg ass wéi dësen Text a Kraaft ass.

Da gëtt et nach eng Rei vun Dispositionen, déi ver-  
längert ginn. Dat sinn temporaire Mesuren, déi de Leit, déi keng Aarbecht hunn, besser Perspektive solle ginn, fir Fouss um Aarbechtsmaart ze fannen. Dat gëllt fir d'Aide de relance an d'Aide aux coûts non couverts fir Entreprises, déi duerch d'Pandemie impaktéiert sinn, déi ëm zwee Méint verlängert ginn.

Och déi speziell Mesurë be-  
treffend de Congé pour raisons familiales gi verlängert.

An zum Schluss ginn nach aus prakteschen Ursaa-  
chen eng Rei vu Mesurë verlängert, wéi zum Beispill d'Méiglechkeet fir Gemengen, d'Hochzäiten och ausserhalb vum Gemengenhais ze schléissen.

Et ass also hei fir déi Moossnamen, déi ech elo just erwänt hunn, wichtig ze soen, dass e staarke Staat dozou ka bäidroen, dass déi Kollateralschied vum Virus sech a Grenzen halen. An do huet de Lëtzeburger Staat sech ganz staark engagéiert, fir dat ze verhënneren.

Dann, Här President, kommen ech bal zum Schluss, mee sidd e bësse gnädig mat mer, well dee Projet

hei ass dee komplizéiertsten, dee mer bis elo ze geréieren haten an et grenzt bal un e Wonner, dass mer en haut konnten termingerech ofliwweren.

Och dës Kéier huet den Text d'Kommission anes-  
chters verlooss wéi en erakomm ass, dat engersäits duerch déi zwou Amendementsserien, déi agereecht gi sinn. Virun allem déi éischt, déi den 3G-Regimm op der Aarbechtsplaz agefouert hunn, ware substanz-  
iell. Mee och opgrond vun de Verbesserungsproposen vun de Membere vun der Kommission ass den Text verännert ginn. Sou ass zum Beispill an der Kommission zréckbehal-  
te ginn, dass Jugendlecher, par analogie zu den neien Dis-  
positionen be-  
treffend d'Impfen, vu 16 Joer u selwer duerfen entscheeden, um Covid-19-Testprogramm an der Schoul matzemaachen.

Opgrond vun den Diskussiounen an der Kom-  
mission ass och eng pragmatisch Léisung fonnt ginn, wat de Regimm be-  
trëfft, ënnert deen eis Institu-  
tiounen falen, wa se zesumme-  
kommen. Mir gi grad wéi de Staatsrot an aner Institu-  
tiounen net ënnert de Regimm vum Loisir klasséiert, mee ënnert de Be-  
räich vun deenen Haiser, vun deene Betriber, wou geschaff-  
t gëtt, hei am Interêt public. Dat war eng wichteg Viraussetzung, fir dass mer och weiderhin hei am Haus kënne bleiwen.

Be-  
treffend d'Akraafttriede vum Gesetz hat d'Kom-  
mission an hiren Diskussiounen eng Präferenz derfir ausgeschwat, dass dat Gesetz den 19. Dezember, also natlos mat deem auslafende Pro-  
jet, sollt a Kraaft gesat ginn, fir eng gewësse Previsibi-  
litéit an déi beschméglech Informatioun kënnen no baussen ze ginn.

Well d'Situatioun riskéiert, sech weider ze ver-  
schlechteren, wëllt d'Regierung den Text awer esou schnell wéi méiglech a Kraaft setzen. Wann den Text haut d'Dispens an d'Veröffentlech-  
ung hanneru sech huet, tritt en ab Mëtternuecht, déi éischt Sekonn no Mëtternuecht vun haut, a Kraaft.

Dann am Schnellduerchgang: Den Depot vum Pro-  
jet de loi war de 4. Dezember. En éischten Avis vum Staatsrot ass den 8. Dezember komm. Den 9. Dezember ass déi éischt Serie vun Amendementen deposéiert ginn. Déi zweet Serie vun Amendementen ass den 13. Dezember komm. Den Avis complémen-  
taire vum Staatsrot ass de 14. Dezember komm, an eis Kommission huet de Rapport de 16. Dezember, also haut de Moien, majoritär uge-  
holl.

D'Avisé kënn Der an dem schréftleche Rapport, dee ganz detailléiert ass, noliesen. Et sinn dat d'Avisé vun der Datschutzkommission, vum Collège médi-  
cal, vum Centre pour l'égalité de traitement, vun der Staatsbeamte-  
kummer, vun der Chambre de Commerce, vum OKaJu, vun der Mënscherechtskommission, vun der Salaria-  
tskummer a vun der Chambre des Métiers. An et kommen der sécher nach eng Rei bäi, déi vläicht méi spët kommen.

Dat heite Gesetz, zum Ofschloss, ass net geduecht, fir d'Leit opgrond vun engem Impfstatus ausze-  
grenzen. Mee et ass eng staark Opfuering u jidd-  
ereen, säin Deel dozou bäizdroen, fir aus dëser sanitärer Kris endlech - endlech! - erauszekommen, duerch d'Impfen oder, wann een dat net wëllt, duerch de Verzicht. Konsequen-  
t sinn, mengen ech, heescht de Mot d'ordre.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Wa mer wëllen erauskommen, geet dat och net mat Sloganen, egal wéi originell oder geschmacklos se och sinn, net mat topege Witzer, net mat selbster-  
nannten a geféierleche Guruen, net mat Grief, déi tëschen eis gegruewe ginn, net mat Aggressivitéit, mee mat wëssenschaftlecher Evidenz a gesondem Mënscheverstand.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Kommt, mer konzentréieren eis op dee richteg-  
e Géigner. Deen ass schlëmm genuch a mir dierfen eis net nach ënnereneen zu Géigner maachen! De Virus waart nëmme drop. Merci, President, fir Är Gedold, an, wéi mer dat de Moie scho gemaacht hunn:

**(M. Mars Di Bartolomeo montre une affiche avec le slogan « #impfewierkt ».)**

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Merci och fir Är Indulgence mat dem Rapport, deen eng Rei vun eegen lwwerleungen huet dierfen erabrén-  
gen.

Merci. A merci lech, Här President, fir Är Gedold.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Rapport vum Dén-  
gscht villmools Merci ...

**(Hilarité)**

... a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner. An dat ass den Här Claude Wiseler.

Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Merci, Här President. Ech schléisse mech och dem Merci un de Rapporteur un. Mir hu vill hei geschaff-  
t, och schnell geschaff-  
t. Obwuel den Text méi fréi komm ass vun der Regierung, war awer nach vill Aarbecht ze ma-  
chen, wat eis en eréischt haut stëmme léisst.

Wat déi Kris méi laang dauert, wat d'gesellschaftleche Problemer, déi mer gesinn dobaussen, méi grouss a méi divers sinn. Am Ufank, kann ech mech erën-  
nen, virun zwee Joer, hate mer all gudd-  
e Wëllen. Mir hunn den Infir-  
mière vill Courage gewënscht, mir hu se als groussaarteg beschriwwen. Mir waren och d'accord, als Gesellschaft radikal Moossnamen un-  
zehuelen, well mer gemengt hunn, wa mer déi géifen unhuelen, da wär dat Ganzt schnell eriw-  
wer.

ATOZ huet eng interessant Studie erausginn iwwert de psychologischen Zustand vun de Leit an dat, wéi se dat alles an hirem eegene Liewe kucken. 64 % vun de Leit soen, dass se mat all deem, wat elo geschitt ass, hir Liewensart a -weis géife wëllen ëmstellen. Déi hunn dat op jidde Fall virun dräi, véier Méint gesot. An iwwer 55 % vun de Leit hu ge-  
sot, dass hinnen d'Wichtigkeet vum Familien-, vum Frëndeskreese ëmmer méi zum ..., dass se dat gemierkt hätten, an dass se déi Solidaritéit, déi géif ënnert de Leit, ënnert de Famillje bestoen, als enorm wichtig géifen empfangen. Dat war virun e puer Méint.

Elo ass, wann een d'Situatioun dobausse spiert, d'Saach awer anescht ginn an huet changéiert. Dee gudd-  
e Wëllen, dee virun zwee Joer do war bei ganz ville Leit, huet sech deelweis an eng gewësse Mid-  
degkeet, an e gewëssene Fatalismus ëmgewandelt. Dee Courage, dee mer den Infir-  
miere gewënscht hunn, an d'Bewosstsäi vun deenen extraordinären Aufgaben, déi se géife maachen, gëtt haut ganz oft als Normalitéit consideréiert.

Déi Groussaartegkeet, déi mer déizäit beschriwwen hunn, consideréiere mer haut als eng Normalitéit a mir vergiessen, dass et enorm schwéier ass, iwwert d'Joren, Dag fir Dag, Dag an Nuecht, op alle Schich-  
ten, ëmmer an ëmmer erëm misse groussaarteg ze sinn. Dat ass deene Leit vill zougemu-  
tt an der Dauer vun där Pandemie, well si ass och nach net eriw-  
wer.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - An enger Situatioun, wou duerch d'Dauer déi radikal Moosssname wéi de Lockdown bal onméiglech sinn, well mer awer an eiser Gesellschaft einfach musse weiderliewen an och wëlle weiderliewen, musse mer momentan ku-  
cken, an der Politik eng Zort liefbar Normalitéit an enger anormaler Zäit, an enger anormaler Situa-  
tioun hierstellen. An dat ass einfach problema-  
tesch, psychologisch problematesch, gesetzlech problematesch an an där Aart a Weis, wéi mer kom-  
muni-  
kieren, och problematesch an ass, wéi mer et gesinn, mat groussen Tensiounen an Aggressivitéit do-  
bausse verbonden.

An et ass manner, a mengen Aen, eng ekonomesch Fro, déi sech stellt, well an der Ekonomie rullt villes ongeféier, zwar mat massiven Ëmstellungen, mat massiver finanzieller Hëllef vu Staat an och mat mëttelfristege Konsequenzen, mee et rullt. Dat groust Change-  
ment, dat ass dee sozialen Zesummenhank vun eiser Gesellschaft. Wou mer am Ufank an enger Pandemie waren a gesot hunn: „Mir packen dat do gemeinsam, mir packen dat do zesummen“, si mer elo, vun engem Moment un, an deem Choixen do waren, an deem eng Impfung age-  
fouert ginn ass, an enger Situatioun, an där jidd-  
weree ka wielen, wat e mécht oder wéi en et mécht, op wat fir e Wee e geet.

A vun deem Moment un, an deem Choixen do waren an an deem mer net méi alleguer an deem selwechte Boot waren, well d'Choixen eis deelweis ënnerscheet hunn, sinn d'Tensiounen méi grouss ginn, ass d'Aggressivitéit méi grouss ginn.

Ech hu ganz interesséiert en Artikel vum Interview vum Gilbert Pregno gelies, deen am Fong déi Situa-  
tioun beschreift, an deem e seet, am Ufank vun der Kris wär en iwwerzeegt gewiescht, dass mer méi staark als Gemeinschaft, als Solidargemeinschaft aus där Kris géifen erausgoen. An da seet en hannendrun: „Ech sinn net méi dovunner iwwer-  
zeegt.“ E seet awer dann nach hannendrun: „Mee well ech Optimist sinn, wëll ech et awer mat Optimismus ugoen.“ Ech bewonnere säin Optimismus, well ech sinn iwwerzeegt, dass awer eng Rei Frakturen an eis Gesellschaft kommen.

An och d'Aggressivitéit, déi mir mierke par rapport zur Politik, ass awer an deene leschte Wochen extreem staark gewuess. Am Ufank hu mer alleguer an déi selwecht Richtung geschaff-  
t an decidéiert. A säit Choixen do sinn, kënnen déi Choixen och kontestéiert ginn an déi Kohärenz vun der Solidari-  
téit ass zu engem Enn komm.

An ech war och erschreckt, wéi vill Aggressivitéit, physisch a verbal, an deene leschte Wochen op der Dagesuerdnung war. Ech fannen, dass mer hei eng Zort Vertrauens-  
kris hunn: Vertrauens-  
kris op där enger Säit an d'Politik an awer och eng Vertrauens-  
kris - wann ee liest, wat heiansdo gesot, geschriw-





wen a gepost gëtt - an d'Wëssenschaft, wat natierlech rationell Diskussiounen vill méi schwéier mécht ...

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- ... an och d'Roll vun eis als Politiker, déi mer musse spillen, ganz schwéier mécht.

Mir mussen op déi Aggressiounen, déi op eis zoukommen, déi och op aner Leit zoukommen, mat Calme reagéieren. Dat ass net ëmmer einfach, mee ech mengen, datt mer dat alleguer zesumme musse fäerdegbréngen. Mir musse ferm um Inhalt sinn, och wëssen, wat méiglech ass an och dat, wat net méiglech ass. An eise Rapporten huet et och ganz kloer gesot: Mir mussen ëmmer an ëmmer erëm sachlech a wëssenschaftlech Basissen zu deem, wat mer soen, ginn. A mir mussen déi Decisiounen, déi mer huelen, ënnerleeën, explizéieren, rationell explizéieren.

Mir hunn als Politiker eng Responsabilitéit par rapport zur ganzer Gesellschaft, par rapport zu deene Geimpften an och deenen Netgeimpften. Mee mir hunn och eng Responsabilitéit par rapport zur Santé publique am Allgemengen. A mir musse garantéieren, datt d'Santé publique an Zukunft och nach fonctionéiert. A mir hunn eng gemeinsam Zilsetzung, an do däerfe mer eis och net vum rationelle wëssenschaftleche Wee ewechbréngen, an dat ass, datt mer deem Virus Meeschter ginn!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Wéi ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg haut? Ech wëll net op déi Zuelen agoen. Ech hu mer se all opgeschriwwen fir d'Diskussioun duerno, mee dat gëtt alles ze laang. Mir sinn haut an enger Situatioun, wat d'Infektiounen ugeet, wat och d'Doudesfäll ugeet, an där mer a priori an der Moyenne si vun de Länner vun der Europäescher Unioun. Heiansdo si mer méi héich, heiansdo si mer manner héich. Dat hänkt da vun de Wochen a vun den Deeg of.

Mir hunn et also net gepackt, et esou an de Grëff ze kréien, wéi mer et am Fong virun e puer Méint alleguer gemeinsam heibanne gehofft haten. Mir sinn, wat eisen Impftaux ugeet, och net héich genuch. An et mierkt een, wann een déi Zifferen kuckt - an ech weess net richtig, wéi ech se soll interpretéieren -, datt déi Länner, déi elo déi nidderegst Infektiounstauxen hunn, och déi Länner sinn, an deenen evidenterweis den Impftaux am héchsten ass, wéi zum Beispill Portugal oder wéi zum Beispill Kanada.

Mee ech muss awer och hannendru soen, fir fair ze sinn: Et ass net ëmmer richtig! Wann ech kucken, wou mer mat Irland dru sinn, da stellen ech fest, datt déi en extreemen héijen Impftaux hunn, mee datt hiren Infektiounstaux och héich ass. Mat deenen Zuelen a Statistiken, déi mer do zesummesetzen, muss een immens oppassen.

Ech soe just: Eisen Impftaux zu Lëtzebuerg geet net duer, do wou mer dru sinn. An ech mengen d'ailleurs och, datt mer do alleguer mateneen d'accord sinn. Just an Analysen, firwat et esou ass, ginn natierlech déi politesch Analysen ausernee. Mir sinn iwwerzeegt, datt et deelweis dovunner kënnt, mer eng schlecht Campagne gemaach hunn, well mer se net spezifesch gemaach hunn, well mer se net u Beruffer ugepasst hunn, well mer se net un Nationalitéiten ugepasst hunn, well se net un déi eenzel Alterskategorien ugepasst ginn, well mer ze laang am Ufank des Joers dem Gëigner d'Feld iwwerlooss hunn - mee dat hunn ech schonn alles gesot - a well mer och an deenen Informatiounen net ëmmer alles kloer an däitlech eriiwerkritt hunn.

Mir haten Diskussiounen, ob d'Anticorps dann elo net géifen zielen, ob een dann domadder immun wär oder net. Déi Informatiounen sinn net richtig eriiwerkomm. Mir hunn onkloer Bréiwer an eise Boité gehat a mir hunn eng Kommunikatioun gemaach - an dat hu mer och schonn e puermol gesot, mee ech soen et nach eng Kéier -, an där mer och déi verschidden Impftauxen, Tauxen op d'ganz Populatioun, Tauxen op d'Mannerjäreg, also op d'Adulté respektiv ab zwielef Joer, an där mer all déi Tauxen do vermëschen. An dann, wa mer eis gutt wëllen duerstellen, da soe mer: Mir hunn en Impftaux vun 80 %. Mir mussen awer wëssen, datt dee vun 18 Joer gerechent ass. An der internationaler Comparabilitéit leie mer bei 69 %, 70 %. Dat ass eng ganz aner Zuel a geet einfach net duer!

A wann een dann déi Impressiounen schaaft, datt ee scho gutt wär, jo da mengen eng ganz Rei Leit, si bräichten och net dat ze maachen, wat awer noutwendeg ass, an zwar sech impfen ze loosse.

An da kënnt och eppes derbäi, an dofir kann d'Regierung net, mee et ass awer net onproblematesch an der Comprehensioun dobaussen, datt ass natierlech, datt d'Wëssenschaft och evoluéiert.

Also mir ware alleguer iwwerzeegt: Wa mer eis elo fir d'zweet impfe loosse, dann ass dat natierlech eng gutt Zäit gutt an da si mer roueg. Dat ass awer

net esou. D'Boosterimpfung ass derbäikomm. An elo gëtt gesot - an do muss ech awer soen, ech menge mer sollten alleguer, inklusiv d'Regierung, oppassen, wéi mer déi Saache proposéieren -, ...

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Elo gëtt gesot: „Gitt lech booster, dann ass et ok.“

(*Interruption*)

Dat ass dat, wat s de an allen Zeitungen ... Ech soen: Mir mussen alleguer op eis Kommunikatioun oppassen, an d'Regierung mécht méi Kommunikatioun wéi mir der kënne maachen.

Also ech soe wierklech ganz kloer hannendrun: Elo komme jo schonn déi éischt Diskussiounen. Wann Der lech boostere loosst, datt ass jo da gutt, dat dauert da sechs Méint, mee wann den Omikron kënnt, vläicht musse mer da feststellen, datt eng véiert Impfung eventuell noutwendeg wär. Mir wëssen et net, ech weess et net, Dir wësst et net.

Sou, mee wat wichteg ass a mengen Aen, dat ass, datt mer och de Leit dee Message kloer eriiwerkréien, datt mer et an dem Moment haut, d'Ministesch seet ëmmer „Stand haut“, net wëssen a Stand haut dann och de Leit soe mussen: „An dësem Moment ass dat dat Richteg, mee et kënne selbstverständlech Evolutiounen kommen. A wann der kommen, dann erkläre mer lech esou schnell wéi méiglech, firwat déi Changementer sinn.“

An déi Erklärungen sinn och schwéier eriiwerzekréien, mee mer krute se oder Dir krut se och net an deene leschte Joren, an deene leschte Méint esou eriiwer, datt d'Leit se akzeptéiert hunn an och, datt se alleguer verständlech waren.

Als Excuse gëtt dann heiansdo gesot, datt een d'Leit net wëilt veronsécheren. Mee dat ass jo ëmmer de Problem: Wann Der d'Leit ee Moment net veronséchere wëllt an dann eppes affirmativ behandelt, jo da gleewen d'Leit lech dat. A wann et a sechs Méint anescht ass, dann ass et erëm schwieereg, d'Modifikatioun ze explizéieren. An op där anerer Säit, wann dat zwee, dräimol virkënt, da gleewen d'Leit lech zum Schluss och net méi, wat Der am groussen Ganzen erzielt.

Den Här Muller ...

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Wie sinn dann „d'Leit“? Et gëtt där enger an et gëtt där aner, dat ass de Problem.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, mee d'Proportioun vun deenen aneren, déi gëtt ëmmer méi grouss.

Den Här Muller, dee seet, ... De Professor Muller schwätzt vun der inakzeptabler Kommunikatioun vun der Regierung iwwert d'Vaccinatioun, dann de Gilbert Pregno, de President vun dem ...

(*Interruption*)

Dir kënnt ëmmer de Geck mat de Leit maachen, mee ech mengen, de Mann weess, vu wat e schwätzt. Den Här Pregno, dee President vun der Mënscherechtskommissioun ass - an da liesen ech lech deen Text vir -, dee seet: « Et je me dois de dire que le gouvernement n'a que très rarement fourni les éléments qui auraient permis de comprendre comment il en était arrivé à prendre les mesures décidées. Or, comprendre est quelque chose d'important. L'absence de ces explications a contribué à créer auprès d'un certain nombre de personnes un climat de méfiance, voire de rejet. » Ech soen et net eleng, et sinn och aner Leit, déi et soen. A fir mech ass dat ee vun de fundamentale Problemer oft gewiescht.

Sou, datt d'Regierung an dëser Situatioun muss reagéieren, ass eng absolutt Evidenz. An datt se eng Rei rigouréis Moossname muss huelen, schéngt eis och evident. Dat Eenzeit, wat ee muss kucken, ass, ob déi Moossnamen, déi elo geholl sinn, proportionell sinn, ob se kloer sinn an ob d'Akzeptanz vun deene Mesuren och esou ass, datt mer kënnen domat rechnen, datt se och an der Bevëlkerung ëmgosat ginn.

Mir soe ganz kloer: De Prinzip vun der Introduktioun vun dem 3G op der Aarbechtsplaz kënne mer absolutt matdroen. D'ailleurs hu mer dee Prinzip scho beim virleschte Gesetz gefrot, an deem d'Introduktioun vun der Regierung och gemaach gëtt op e fräiwëllegen 3G an de Betriber.

Ech ka mech erënneren, datt ech déizäit derfir plädéiert hu fir ze soen: Déi Fräiwëllegekheet, déi Der aféiert, bréngt eis net ganz wäit. Dir verschiebt d'Responsabilitéit op d'Patrone vun de Betriber respektiv op d'Chef-d'administratiounen an dat schaaft lech Schwieeregkeeten. Et bréngt näischt. Dat huet och an deene leschte Woche ganz wéineg bruecht.

Elo kréie mer eng aner Zort vum 3G, och diskutéiert mat de Gewerkschaften. An dat fanne mer richtig, wéi en esou gemaach gëtt. Mir fannen et och proportionell zu deem, wat muss sinn. A mir sinn och zefridden, datt et akzeptéiert gëtt op där enger Säit vum Patronat an op där anerer Säit vun de Gewerkschaften, mat deenen der eng Diskussioun gefouert hutt. Dat fannen ech also positiv. Mir soe just, mir

hätte léiwer gehat, Dir hätt deen do Exercice schonn éischter gemaach, esou wéi mer et gefrot haten.

Mir kënnen och mam Prinzip vum 2G bei sozialen Evenementer liewen. Mir fannen dat logesch. Ech weess natierlech och, datt an deene Secteuren, déi hei ugeschwat ginn, de Secteur musical zum Beispill oder anerer, de Sportssektor, wou och ëmmer, natierlech d'Leit consideréieren, datt zum Beispill an der Musek oder an aneren artistesche Secteuren déi Aarbecht, déi si maachen, och extreem sënnavoll, extreem wäertvoll ass an datt een déi net däerf par rapport zu aneren Aarbechten denigréieren. Ech verstinn dat parfaitement, wierklech!

Mee ech soen awer: Mir sinn hei an enger Situatioun, an där ee muss schwieereg Decisiounen huelen. An duerfir fannen ech et absolutt justifiabel, esou wéi et hei steet. A mir si mat deem 2G och d'accord.

Ech wëll awer och Kloertext schwätzen. An den Här Bartolomeo huet dat och ugeschwat. Den 2G ass net medezinnesch eleng ze justificéieren. Ass d'Sécherheet beim 2G par rapport zum 3G méi grouss? Wann Der bei engem 3G Tester maacht, kann ee souguer soen, datt Der méi no bei der Realitéit vum Dag sinn. Ech wëll mech also net op déi Diskussioun aloossen, mee ech wëll just soen: Hei ass eng Contraintemoossnam, déi gemaach gëtt. An ech mengen, dat soll een dann och kloer soen.

Déi Contraintemoossnam léisst sech och justificéieren an engem Kontext, an deem d'Spideeler an eng drëtt Phas ginn, an deem mer Schwieeregkeeten hunn, fir d'Medezinn weider fonctionéieren ze loosse - do kommen ech awer nach eng Kéier drop zrëck -, an engem Kontext vun engem Lëtzebuerg, dat wëllt säin Impftaux héijen, fir eis Gesellschaft ze schützen, fir jiddwer Einzelnen ze schützen a fir déi Situation sanitaire och um Fonctionéieren ze halen.

Mir sinn och d'accord mat deem anere Punkt, dat ass dee vun de Contrôle-d'identitéen. Fir eis ass et normal a logesch, datt ee sech d'Moyenne gëtt, Gefuddels mat gefälschten Certificaten ze ënnerbannen. An dofir brauche mer eng Carte d'identité, déi kontrolléiert gëtt, awer just prezis op deenen Evenementer, fir ze weisen, datt deen, deen e Covid-Certificat huet, och deen ass, dee virun engem steet. Dat fanne mer normal. Dat kënne mer och ënnerstëtzen.

Mir sinn och zefridde mat deene Modifikatiounen, déi gemaach gi si par rapport zur éischter Versioun, wou Exceptiounen agefouert gi si fir déi Leit, déi sech aus medezinnesche Grënn net kënne vaccinéieren loosse. Dat schéngt eis logesch, dat schéngt eis richtig an dat schéngt eis eng Fro vu Gerechtegkeet.

A wou mer och zefridde sinn, an dat hu mer och scho virun zwee Gesetzestexter - well mir rechne jo an dëser Kommissioun an dem Espace vu Gesetzestexter - gefrot, dat ass: Déi Lëschten, déi agefouert gi bei de Betriber, wann der 3G wëllt maachen ... Well et ass wierklech net sënnavoll, allkéiers, wann Der heierausgitt aus dem Betrib oder aus der Chamber, datt Der dann erëm musst, wann der nomëttes erakommt, oder datt der all Dag muss den Test nach eng Kéier frësch maachen, wëssend, datt Der e Certificat hutt, deen nach wochelaang gültig ass an nach dauert. Dofir fannen ech dat absolutt richtig an ech si frou, datt et elo dann endlech agefouert gëtt.

Mee et sinn awer niewent deene positive Punkten eng Rei seriö Problemer, déi sech an eisen Ae stellen.

Éischte Problem, deen ech wëilt uschwätzen, dat ass de CovidCheck am private Beräich. Och do wëll ech soen: Dat hu mer gefrot, dat fanne mer fundamental als Prinzip richtig. Jo, och am private Beräich muss een derfir suergen, datt Kontrolle gemaach ginn, muss een derfir suergen, datt iwwer enger gewëssener Zuel Leit och déi noutwendeg Checke gemaach ginn, fir d'Sécherheet vun den Invitéen doheem oder wou och ëmmer ze garantéieren.

Ech wëll just soen, datt mer awer déi Situatioun, an där mer elo dra sinn, déi mer scho méi laang hunn, an där een eng Notifikatioun muss maachen, wann een iwwer zéng Leit doheem huet, datt ech dat duerchaus verstinn: Wann ee grouss Partyen organiséiert respektiv wann een ausserhalb vu sengem Haus eppes Privates organiséiert, wou vill Leit sinn, fannen ech dat logesch, fannen ech et verständlech, datt een eng Notifikatioun mécht.

Mee ech fannen et éischter méi problematesch an ech fannen et och net sënnavoll, dat ze froe bei deene klengen Chrëscht dagsiessen, déi elo stattfannen, wou ech mengen, datt et a) net realistesch ass a b) och net ka kontrolléiert ginn an dofir och vun de Leit net akzeptéiert gëtt.

Ech hunn mech d'ailleurs ameséiert haut de Moien, déi Leit, déi ech begéint hunn - dat waren der 12, 13 Stéck - ze froen, ob si da géife wëssen, a) wat dann elo d'Limit doheem wär a b) datt se missten eng Notifikatioun maachen, wa se méi Leit hätten. Wësst Der wéi vill der et woussten?

■ **Une voix.**- Null.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Null.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Dir wousst et jo selwer net. Dat hutt Der jo de Moien an der Kommissioun gesot.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, ma ech sinn, ech muss lech och soen ...

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Et sinn awer eng ganz Rei vu Lëtzebuerger, déi wëssen et ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- ... a ginn op de Site an déi wëssen, dass et an zwou Minutte méiglech ass.

(*Interruptions*)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech wëll lech just soen, Här Kersch, mat deenen ... Mir sinn elo beim 17. Text. Ech ginn och ganz éierlech zou, datt ech net méi all Detail - obwuel ech mech wierklech drëm bekëmmere - vun engem Text zum anere memoriséiert kréien. Ech bréngen dat net fäerdeg.

(*Interruptions*)

An da verlaangen ech vun de Leit, datt déi et solle wëssen.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Ech verlaange vum Här Deputéierten, dass en et weess.

■ **Plusieurs voix.**- O!

(*Brouhaha*)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Also, Här Kersch, Dir sidd mir zwar awer elo ...

(*Coups de cloche de la présidence*)

Ech wetten elo, wann ech lech hei fënnef Froen iwwert deen Text stellen, ...

■ **Plusieurs voix.**- Jo.

(*Brouhaha*)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- ... fënnef Froen iwwert deen Text, da froen ech mech, wéi vill Dir der kënnt beäntweren, Dir als Minister.

(*Brouhaha et coups de cloche de la présidence*)

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Här Wiseler, Dir hutt de Moien an der Kommissioun ...

(*Brouhaha*)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, ech hunn ...

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- ... Oplärung doriwwer kritt vun der Regierung.

■ **Une voix.**- Elo weess en alles!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, mee natierlech!

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- An ech mengen, dass et kloer war, dass dat och scho virun ...

■ **Une voix.**- Arroganz an Iwwerhiefléckheet!

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- ... an der Debatt stoung an dass eng ganz Rei vu Lëtzebuerger ...

(*Coups de cloche de la présidence*)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat hunn ech lech och elo gesot.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- ... dat wëssen an dat och realiséieren.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech hu jo och elo net de Contraire gesot, Här Kersch. Ech wëll lech just soen, datt Der an deene Moossnamen, déi Der huet, wann Der Contrainten dohinnersezt, datt Der déi och esou sollt maachen, datt se vun de Leit verstanen ginn, datt se och akzeptéiert ginn, datt se och memoriséiert kënne ginn an datt se duerno an d'Realiteit kënnen ëmgosat ginn.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat fannen ech d'Normalitéit vun engem Gesetz.

Ech fannen et richtig, datt Moossnamen am Privatsektor geholl ginn. Ech fannen et richtig, datt Limitte vun zéng Leit geholl ginn, wann s de Leit doheem invitéieren. Ech fannen et och richtig, datt gesot gëtt, bei iwwer zéng Leit soll e CovidCheck sinn. Ech soe just: Ech sinn där Meinung, datt déi Notifikatioun näischt bréngt, well Der se net kënnt kontrolléieren, well Der se net kënnt sanktionéieren.

Da soen ech, loosst et op der Säit, well Dir setzt domat theoreetesch eng ganz Rei Leit an eng Illegalitéit, déi et emol deelweis net wëssen a sech dofir och net kënnen an d'Legalitéit setzen. Da fannen ech et iwwerflësseg, fir dat ze maachen. An ech hätt gär - an dat fannen ech wichteg - eng uerdentlech Informatioun un d'Leit!

An déi Informatioun un d'Leit fir d'Chrëschtdeeg misst elo just zwee Punkten hunn.

Éischte Punkt: net méi wéi zéng doheem. A wann der méi wéi zéng doheem hutt, da CovidCheck. Ganz einfach Informatioun, ...

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!





■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- ... déi Der an den nächsten Deeg mussst bei d'Leit eriwwerkréien.

Mäin zweete Punkt, dat ass deen, datt mer mat den Ausnamebestëmmungen, déi elo agefouert ginn an iwwert déi mer frou sinn, fir déi Leit, déi sech aus medezinnesche Grënn momentan net kënnen impfe loosse ... Déi ënnerleien elo engem 2G a kënnen Ausnamebestëmmunge kréien: e Certificat an duerno eng Rei Tester.

Mäi Problem ass just, esou wéi mer an der leschter Kommissioun héieren hunn, datt am Fong nach näischt fäerdeg ass fir déi Leit. Déi Lëschten ... jo sorry, mee ech interpretéiere just, wat ech an der Kommissioun héieren hunn a wéi ech et verstane hunn. D'Kolleege kënnen dat confirméieren, datt nach näischt fäerdeg ass. D'Lëschten hu mer nach net gesinn. De Certificat ass anscheinend nach net disponibel. D'Informatiounen si ganz sécher nach net bei de Leit an den Traitement, wéi dat iwwert de Contrôle médical de la sécurité sociale soll lafen, dat wäert och eng ganz Rei Deeg Zäit huelen.

Dat heescht, a mengen Aen ass dat a priori nach net prett. D'Leit sinn net informéiert driwwer. An déi Leit mussen nach eng oder zwou Wochen - je n'en sais rien, ech hoffen, datt et méi kuerz ass - waarden, éier se sech dann a sech an deem 2G normal beweegen kënnen.

An ech si ganz frou, wann d'Madamm Minister mer duerno de Contraire seet an eppes anescht. Mee esou wéi ech et an der Kommissioun verstane hunn, ass et dat do. An och do wär ech frou ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**.- Direkt nom Vott wäert et erausgoen, esou wéi mir dat annoncéiert hunn. Et ass prett. Mee mir kënnen näischt annonciéieren, wat net votéiert ass. Mir kënnen jo der Chamber hei net ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Jo, ech si jo ganz d'accord.

**(Brouhaha)**

Mee da komme mer direkt ...

**(Coups de cloche de la présidence)**

... op deen anere Sujet. Direkt nom Vott geet et eraus an um 12.00 Auer den Owend ass d'Gesetz en vigueur.

**(Interruption)**

Do hu mer jo nach ...

■ **Mme Viviane Reding (CSV)**.- E Chèque en blanc, ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- ... eng aner Fro. Do kommen ech nach drop zréck.

■ **Mme Viviane Reding (CSV)**.- ... e Chèque en blanc mussen mer also ofstëmmen.

■ **Une voix**.- D'Kaz am Sak!

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Wat heescht hei e Chèque en blanc mussen mer ofstëmmen? Also, lauschtet, Dir kënnt jo deene Leit erklären, wat Der amgaang sidd ze maachen. Ech si just amgaang, ...

**(Brouhaha)**

... ech si just amgaangen, lech d'Suerge vun de Leit ...

**(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)**

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre**.- Erkläert Dir Ären eegene Leit just eppes, ...

**(Hilarité)**

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Ech si just amgaangen, lech d'Suerge vun de Leit ze erklären, déi absolutt reell sinn. An ech soen lech, gitt déi Informatioun esou schnell wéi méiglech a kuckt, datt et esou schnell wéi méiglech klappt. Ech fannen d'Moosnam richtig. Ech fannen et just problematesch, wéi dat an der Virbereedungsphas momentan ass.

Ech kommen och ..., ee Wuert iwwer ...

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Här Wiseler, erlaabt Der, datt den Här Kersch lech eng Fro stellt?

■ **Plusieurs voix**.- O! Nee!

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre**.- Här Wiseler, ech si frou, dass Der d'Moosnamen als solch ...

**(Interruption)**

Ech si frou, dass Der ...

**(Interruptions)**

Däerf ech oder däerf ech net?

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Ech hu Jo gesot.

**(Hilarité)**

Sot elo net, ech misst soen, si sollten ...

**(Hilarité)**

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre**.- Probéiert nach, Är Kolleege vun der CSV ze iwwerzeegen. Ech si frou, dass Der d'Moosnamen als solch gutt heescht.

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Naja.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre**.- De Problem, deen Der beschreift, versti mer och. Mee Dir verstitt awer och, dass mer net kënnen eppes fäerdeg maachen, éier de Vott hei an der Chamber ass. An dorëms geet et. An d'Madamm Gesondheetsministesch huet awer kloergestallt: Soubal hei de Vott eraus ass, geet och dee Formulaire op de Site an da kréien déi Leit, esou séier wéi et eebe materiellement méiglech ass, dann och hire Certificat. Dat misst am Interêt vu jiddwerengem sinn.

■ **M. Michel Wolter (CSV)**.- 00.00 Auer.

■ **Mme Martine Hansen (CSV)**.- D'Äntwert, déi mir gëschter kritt hunn, war eng aner.

**(Interruption)**

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Mir krute gëschter eng aner Äntwert. Mee da gesi mer d'nächst Woch an der Realitéit, wou mer dann dru sinn a wat dann deene Leit erlaabt gëtt an deenen nächsten Deeg a wat net. A beim nächsten Text wäerte mer dann do de Bilan maachen, wéi d'Ëmsetzung vun deem hei ass. Et ass scho viles versprach ginn an et gouf heiansdo eng Rei Saachen, déi de Wee an d'Realitéit net an där Vitess fonnt hunn, wéi et versprach gi war.

Iwwert d'Lëschte wëll ech soen: Déi hu mer och schonn, wéi gesot, ganz laang gefrot. An ech fannen et och verständlech. Just, och do war meng Fro ... Well fir déi Lëschten erauszeginn, brauche mer jo nach den Duréedatum drop ... De Moien ass mer erkläert ginn, do kéint een ouni Problem rechnen. Wann ee weess, wéini de leschten Datum vun der zweeter Impfung war, da misst een einfach e Joer derbärechnen, respektiv, wann elo eng aner Decisioun vun den EU-Ministère géif geholl ginn, da kéint ee jo vun deem Joer erëm dräi Méint ewechzéie fir ze rechnen. Ech fannen dat, ech verstinn dat jo och ganz gutt. Ech soen lech just: Wann Der dat do awer a jiddwer Betrib wëllt esou als Rechnung eriwwerkréien, ass dat awer äusserst komplizéiert!

Et wär also wichteg, datt esou schnell wéi méiglech dee richtigen Datum géif op déi Certificate stoe kommen. Da mussen jo och all déi Certificaten nach eng Kéier frësch gemaach ginn, wann do den Datum drop soll stoe kommen.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**.- Nee.

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Jo, Dir sot elo Neen. Mee wéi soll d'Chamber mech dann am Januar op déi Lëscht schreiwen, wann ech dann net e Certificat mam Datum drop hunn a mäi Certificat theoretesch fir sechs Méint gültig ass? Also, wann ech ee mat engem Datum drop brauch, brauch ech en neien oder Dir musst mer erklären, wéi Dir et macht. Mee ech gesinn dat net anescht, wéi dat ze maachen ass.

Nach ass dat eng Schwierigkeet, déi eng ganz Rei Problemer notament fir kleng Betriber ka stellen. Da war ech de Moien erstaunt - mee do kann den Här Hansen eis dann och Explikatiounen ginn -, wéi de Fonction-publiques-Minister gesot huet, hie géif schonn Instruktiounen u seng Betriber erausschëcken, fir esou Lëschte kënnen ze maachen, wou dann den Numm géif dropstoen, d'Durée de validité géif dropstoe kommen a wou och géif dropstoe kommen, ob deejéinegen dann elo „vacciné“ oder „rétabli“ wier.

D'Gesetz ass ganz kloer: Dir däreft net drop-schreiwen, ob ee „vacciné“ oder „rétabli“ ass, well dat wär soss e Verstouss géint d'Gesetz vun der Protection des données. Et muss alles prezis definiert sinn, wat op esou Lëschte kënnt.

Ech hoffen, datt Der eis duerno sot, datt Der déi Instruktiounen anescht wäert erausginn.

Wat de Monde du travail ugeet, do ass et och esou, datt Der schreift - dat gëllt dann och fir den Här Hansen -, datt den Accès garanti aux services publics ass. An déi Erklärung, déi Dir ginn hutt, dat ass da fir ze soen: Effektiv, d'Service-publicë mussen op sinn, quitte datt d'Administratiounen am 3G fonctionéieren. A wann ech richtig verstane hunn, kënnt Der an d'Administratiounen am Fong fräi eragoen, ouni datt Tester géife gemaach ginn.

Ech muss lech soen: Ech verstinn, wat Der wëllt maachen. Accès garanti aux services publics. Mee ech soen lech awer, ech fannen dat relativ problematesch, well do si mer jo nu wierklech op Plazen, wou vill Mix ass a wou vill Leit erakommen a wou awer och d'Expositioun haaptsächlech vun de Beamte grouss ass.

Ech hu mech gefrot, ob et net méi sënnvoll wär, hinczegoen an och an deenen Administratiounen, Services, wou Leit mussen eragoen, en 3G-System anzeféieren an ze froen, a fir déi Leit, déi net geimpft sinn a sech och net wëllen teste loosse, da vläicht aner Méiglechkeeten ze ginn, bei deenen Der am separate Raum protegéiert mat protegéierte Beamten dee Service anescht ofwéckelt.

Ech fannen et esou, wéi mer d'Explikatiounen kritt hunn, relativ onvirsichteg, wéi Der et wëllt maachen. A moins datt dat elo anescht ass.

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique**.- Vlächet ee Wuert Explikatioun, ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Ech ...

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique**.- ... wann Der erlaabt.

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- ... kréie jo déi Zäit ofgezunn?

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Selbstverständlech.

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Selbstverständlech.

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique**.- Dat, wat dee Moment beim Service public geschitt, geschitt am Moment all Dag, wann Dir an de Supermarché gitt. Do ass gradesou vill Trafick, ...

**(Interruption)**

... do sëtze Caissière, déi dann och ënnert dem 3G sinn. Déi wäerten lech och weider zerwéieren, ob Der geimpft sidd oder net. An dat wäert beim Service public natierlech och esou geschéien. An do ass déi selwecht Zirkulatioun wéi bei Dausende Leit an de Supermarchéen. An Zukunft, och elo fir déi Feierdeeg, gitt Dir an Dausende Leit akafen. Do ass vill Zirkulatioun.

Do gëtt net excluëiert, och deem heiten Text no an deene vu virdrun, wéi dat wäert fonctionéieren. An esou wäert dat natierlech och do fonctionéieren, dass beim Service public op der Aarbechtsplaz den 3G obligatoresch ass an de Bierger kënnt, wéi en an de Supermarché geet, och do eran. Do gitt Der jo och net am Supermarché hin an Dir sot: „Ma kënnen mer da fir alleguerten déi, déi net geimpft sinn, separat Raim maachen?“ An esou wäert dat och an Zukunft bei de Service-publicë fonctionéieren. Do ass eng Obligatioun fir de Beamten. Dat stëmme mer jo haut. An deen eenzele Bierger kënnt eran, wéi Dir elo déi nächsten Deeg alleguerte wäert an d'Malle lafen, akafe goen. An esou fonctionéiert dat genee d'selwecht do!

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Mee an de Supermarché sinn eng Rei Mesure-de-protection geholl, notament fir déi Leit, déi do schaffen, ze schützen, wa se dann exposéiert do sëtzen.

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique**.- Ma dat wäert genee esou geschéien.

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Dat hunn ech awer néierens als Obligatioun do gesinn. Ech hoffen, datt dat dann och an all deene Büroen, wou Leit erakommen, wäert esou fonctionéieren.

Meng nächst Remark - drëtter Punkt hei -, dat ass d'Demande vun dem 3G+ fir Spideeler. Mir begrëissen och, datt Der en 3G+ do aféiert. Dat schéngt eis sënnvoll ze sinn, dat schéngt eis logesch ze sinn. Mir gesinn zwar, datt Der deen nëmmen aféiert fir déi Leit, déi als Visiteur respektiv als Patient erakommen, an net fir d'Personal vun de Spideeler.

Ech weess, datt dat technesch extreem schwéier ass. Mee ech hu mech do och gefrot, ob et net sënnvoll wär, zumindest deem Personal, wat direkt bei vulnerabele Leit schafft, en 3G+ opzeerleëen, datt dat niewent der Vaccinatioun och en Test muss hunn, fir mat deene Leit ganz sécher ze sinn.

Ech weess par ailleurs, datt eng ganz Rei Strukturen a Spideeler dat scho quotidiennement esou exercéieren.

Mäi véierte Punkt, dat ass d'Gratuitéit vun den Tester. Ech verstinn, datt de Staat net wëllt alles bezuelen an deem Moment, wou d'Vaccine méiglech sinn. Mee ech soen, datt awer trotzdem eng Onge-rechtheet besteet zwëschent engersäits deene Leit, déi d'Méiglechkeet hunn, Teletravail ze maachen, an anerersäits deene Leit, déi all Dag op hir Aarbechtsplaz mussen goen, an datt de Coût, deen déi Leit mussen bezuelen, awer en héijen ass.

Do hunn ech mech gefrot, ob et net sënnvoll wär, datt reegelméisseg zumindest Aktiounen géife gemaach gi wéi déi vum Testen, zwee Deeg, wéi se des Woch gemaach gi sinn, respektiv aner Incitatiounen, fir Betriber kënnen ze incitéieren, datt se en Deel dozou bäidroen, fir déi Impfung respektiv déi Tester ze bezuelen.

An dann ass, fënneftens, meng Fro - dat, wat d'Fédération des artisans freet -, datt ee sollt probéieren, de Mëssbrauch vu Krankeschäiner vu sechs Wochen ze evitéieren. Ech weess net, wéi grouss déi Gefor ass - kann ech och net soen, den Aarbechtsminister kann eis vlächet dorobber äntweren -, mee hire Wonsch ass, datt de Contrôle médical muss assuréieren, datt dat net passéiert. Ech ginn dovunner aus, datt d'Regierung dat uerdentlech vubereet huet.

Da kommen ech op eng Rei Punkten, déi iwwert de Gesetzestext erausginn. Ech wollt e puer Wieder iwwert d'Éducation nationale soen, mee well d'Zäit mer awer fortleeft, wëll ech do ganz kuerz sinn.

Den Här Meisch ass an eis Kommissioun komm, huet eis eng ganz Rei vu sengem Stufeplang explizéiert. An ech muss just soen: Ech kann dat um Pabeier novollzéien, wat e gesot huet. Dat huet mer

logesch geschéngt. Dat Eenzezt, wat ech soen, dat ass: Déi Echoen, déi ech vum Terrain kréien, dat sinn awer ganz anerer gewiescht!

Vum Terrain, vun Enseignanten, vun Elteren, vu Secondaireeschüler, do kréien ech d'Informatioun, datt dat, wat si um Terrain gewuer ginn, absolutt problematesch ass, datt d'Leit net wëssen, wou se dru sinn, datt d'Leit net wëssen, wat se erwaart, datt se och net explizéiert kréien, wat an deenen eenzele Klasse geschitt, a wann da bei den Enseignanten nogefrot gëtt, net ëmmer eng Äntwert kënnt, net well d'Enseignanten net wëllen äntweren, mee well se d'Äntwert selwer net ëmmer wëssen, an datt do eng ganz grouss Onzefriddenheet besteet.

Mir sinn der Meenung, datt déi Kommunikatioun ganz anescht sollt gemaach ginn, datt d'Elteren och sollten eng Ulaftell kréien, wou se kënnen hir Fro stellen, datt lafend Informatiounen mussen an d'Schoul goen, datt déi mobill Ekippen an de Schoule fir PCR-Tester och solle bäibehale ginn.

Mir sinn och der Meenung, elo wou keng Quarantäne méi gemaach ginn, wann et Kanner sinn, déi geimpft sinn, ... pardon, wann et Kanner sinn, déi sech all Dag teste loosse, datt een dat muss ganz gutt am A behalen, wann den Omikron méi staark op Lëtzebuerg géif kommen, ob dat nach sënnvoll a machbar ass ënnert deene Konditiounen.

Mir sinn nach wie vor fir d'Installatioun vu Luftfilteren. Mir sinn derfir, datt eng kohärent Politik vun der Schoul mat de Foyeren, Crèche gemaach gëtt. Mir sinn der Meenung, datt et och problematesch ass, datt d'Kanner zwar heiansdo getrennt ginn a Klassen, mee a Bussen nach ëmmer zesumme kommen.

Haut ass et esou, datt mer och mussen kucken, datt wa Quarantän ass, net ëmmer Homeschooling organiséiert gëtt. Och do si mer der Meenung, datt dat méi konsequent misst ëmgasat ginn.

A mir regrettéieren, datt den Educationsminister heiansdo esou zéi ass, fir Zuelen erauszeginn, wou mer wochelaang guer net wëssen, wat am Land lass ass. Mir hätten och gär reegelméisseg déi Zuele vun der Éducation nationale.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Iwwert d'Impfung vun de Kanner zwëschent fënnef an zwielef Joer, do verstinn ech déi haiteg Ausso: „Elo geet et fir d'éischt drëm, déi Kanner tëschent fënnef an zwielef Joer ze impfen, déi vulnerabel si respektiv mat vulnerabele Leit zesumme sinn.“ Dat fannen ech jo logesch a sënnvoll.

Wann dann awer hannendrun d'Ausso gemaach gëtt ... Et ass awer net onproblematesch, wa mer dann hignn a soen, datt mer bei deenen anere Kanner tëscht fënnef an zwielef Joer, déi also net vulnerabel sinn, awer nach net sécher sinn, ob déi solle geimpft ginn, well mer elo nach mussen op eng Etüd waarden, obwuel scho véier Länner amgaang sinn, déi Kanner ze impfen. Da froen ech mech awer, wéi déi zwou Explikatiounen zesumme passen. Op där enger Säit mussen déi Vulnerabel, well dat gutt fir se ass, direkt geimpft ginn. An déi aner Kanner, déi net vulnerabel sinn, do wësse mer awer nach net, wat mer solle maachen.

Dat veronséichert och d'Leit. Fir mech ass et kloer: déi Vulnerabel fir d'éischt, an datt mer déi aner hannendrun maachen, wa mer d'Méiglechkeet hunn. Da géif ech mengen: Sot dat ganz kloer. Sot net: „Mir waarden nach op eng Etüd.“ „Mir maachen et, soubal mer kënnen“, ...

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- ... ass, mengen ech, déi richtig Ausso, déi d'Leit géif rassuréieren. D'ailleurs huet d'OMS, ...

**(Interruption)**

... déi europäesch Branche vun der OMS och recommandéiert, fir et esou schnell wéi méiglech ze maachen.

Ech sinn och der Meenung, datt ee sollt - dat ass awer just e klengen Detail - kucken, datt mer deene Studenten, déi mer elo zu Lëtzebuerg hei an der Chrëschtvakanz hunn an déi heiansdo ganz vill Schwierigkeeten hunn, fir sech am Ausland boostere ze loosse, well d'Reegelen alleguer anescht ginn, d'Méiglechkeet sollte ginn, wann dann den Delai eriwwer ass no hirer zweeter Impfung, sech hei esou schnell wéi méiglech och zu Lëtzebuerg boostere ze loosse. Dat evitéiert deene ganz grouss Problemer.

Ech soen dann hannendrun, datt ech awer och nach wëll eng Fro stellen iwwert den Declenchement vun der drëtter Phas an de Kliniken. Wann dat esou ass, datt d'Klinicke momentan Schwierigkeeten hunn, fannen ech et normal, datt Der déi drëtt Phas macht. Just, wann ech der AMMD nolauschten, déi seet, datt dat am Alleingang geholl gi wier als Decisioun, datt et net ofgeschwat war ... Si soen, datt et net noutwendeg wär an datt et Konsequenzen hätt op d'Ofsoe vun enger ganzer Rei Operatiounen, déi elo geplangt sinn.





Ech wëll mech net dozou äusseren, wat richteg oder wat falsch ass, well ech weess et net. Mee ech wëll awer, datt d'Regierung seet, wéisou et noutwendeg war a wat si estiméiert, wellech Konsequenzen elo dorausser kommen.

Jo, ech gesinn Onzefriddenheet op de Regierungsbänken, wann ech déi Froe stellen. Sorry, mee ech ...

**(Interruption)**

Also, hei hutt Der eng Dokteschassociatioun, déi eng kloer Ausso mécht. Ech hätt gär einfach eng kloer Stellungnam vun der Regierung. Et ass normal, datt mer déi dote Fro stellen an ech denken och, datt d'Regierung eis eng Äntwert dorop gëtt.

Wat ech par contre regrettéieren, dat ass, datt mer déi Diskussioun iwwert e Covidspidol virun engem an engem hallwe Joer net weidergefouert hunn an datt och dee Stufeplang vun de Spideeler net adaptéiert an iwwerschafft ginn ass, well de Fait, datt mer Impfungen hu momentan, de Fait, datt mer nei Varianten hunn an de Fait, datt mer aner Type vu Krankheitsbiller an de Spideeler hunn, bei deenen d'Durée eng aner ass a bei deenen d'Gravitéit vun der Krankheet och eventuell eng aner ass, hätte vläicht dozou gefouert, datt mer dee Stufeplang hätte missen ëmänneren.

An nach zwee Punkten zum Schluss: Dat sinn d'Helpline an den Traçage. Déi Echoen, déi ech héieren, soen, datt se souwuel op der Helpline wéi um Traçage, obwuel déi Leit, déi do setzen, enorm Efforte maachen an och immens sympathesch an och immens fei sinn, wann ee wëllt mat hinne schwätzen, ... mee awer souwuel deen ee Service wéi deen anere Service momentan relativ iwwerlaf sinn a se Schwiereregkeeten hunn, hire Missiounen zäitgerecht nozekommen. Dat ass kee Reproche un déi Leit; dat ass just eng Remark, datt mer bei noutwendegen Instrumenter vun Informatioun a vu Bekämpfung vum Weiderdevelopment vum Virus awer momentan a Schwiereregkeete sinn.

An dee leschte Punkt ass d'mise en application vun deem Text. D'Chamber huet proposéiert, hat suggeréiert, dat eréischt e Sonndeg ze maachen, datt mer eng ganz minimal kleng Virbereedungs- an Ukënnungsphas hätten, d'autant plus, datt d'Leit, vu datt dat anert Gesetz den 18. ofleeft, erwaart hunn, datt d'Gesetz géif den 19. a Kraaft trieden.

Elo huet d'Regierung et, wann ech et richteg verstannen hunn, anescht decidéiert. Déi Informatioun ass awer nach net weider un d'Leit gaangen, well ech hunn um Radio héieren - gëschter oder haut, ech weess net méi, wéini et war -, datt nach déi aner Datumen offiziell um Radio annoncéiert ginn. Dat heescht, duerch de Fait, datt mer elo zwee, dräi Deeg avancéieren, kreéiert Der awer eng onsécher Situatioun an deem Sënn, datt d'Aféiere vum 2G jo e grouse Changement ass, datt eng Rei Saache geplangt an organiséiert sinn. Ech weess net, ob d'Informatioun elo alleguer d'Leit erreecht. Ech weess net, ob alleguer d'Leit Zeitunge liesen, Radio lauschteren, mee mir riskéieren hei kuerzfristeg innerhalb vun deenen nächsten zwee Deeg awer eng Rei Leit an eng Situatioun ze setzen, déi ech net gutt fannen, well mer alles extreem schnell hei maachen.

Ech verstinn, datt dat hei schnell muss gemaach ginn, mee et muss een de Leit awer och eng Chance ginn, fir sech kënne mat den Texter ze familiariséieren, ...

**(Interruption par la présidence)**

... fir déi Informatiounen ze assimiléieren a fir sech ob dat, wat esou kënnt, virzubereeden.

Ech kommen dann zu menger Konklusioun.

Mir si mat de grouse Linnen d'accord, de grouse Prinzipien: mam 3G, mam 2G, mat de punktuellen Identitéitskontrollen.

Mir hu reell Problemer, well den Text a senger ganzer Kohärenz an eisen Aen net klappt, well en um Pabeier heiansdo gutt kléngt, mee d'praktesch Ëmsetzung um Terrain extreem schwiereg ass. Mir sinn der Meenung, datt en esou, wéi en elo hei presentéiert ass, vill Desorganisatioun um Terrain a grouss Onzefriddenheet wäert schafen.

Et ass keng prezis Informatioun, déi momentan un d'Leit geet. Si wëssen an den nächsten Deeg net, wat vun hinne verlaangt gëtt, an déi schnell Ëmsetzung, déi dréit nach zousätzlech dozou bäi. Mir haten eng grouss Diskussioun bei eis an der Fraktioun, ob mer deen Text sollte matstëmmen oder net.

An am Ufank, soen ech lech ganz éierlech, wollte mer den Text matstëmmen, well mer der Meenung waren, datt een an engem schwierere Moment schwiereg Decisiounen sollt zesummen huelen. Mee déi Onzoulänglechkeete vum Text an déi ongeléiste Schwiereregkeete maachen eis dat onméiglech, dofir wäerte mer eis bei dësem Text enthalen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wiseler. An nächsten ageschriwwene Riedner ...

Den Här Marc Hansen freet nach fir d'éischt d'Wuert.

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique.**- Här President, ech géif nach eng Kéier kuerz, wann den Här Wiseler et erlaabt, e Wuert soen zu senger Konklusioun.

Dir sidd an de grouse Prinzippien d'accord mam 3G, mam 2G a mat bal allem, wat hei am Text ass.

De Kolleeg Dan Kersch an ech souze virun zwou Woche stonnelaang mat de Sozialpartner zesummen, an déi haten och ganz grouss Schwiereregkeeten, fir dat heite matzedroen, esou wéi Dir dat elo an Ärer Fraktioun beschriwwen hutt. Déi hunn awer d'Symbolik vun hirem Gest verstanen a sinn alleguerte mat op deen Zuch gesprongen. Dir hutt den 3G obligatoresch, d'accord. D'Buergermeeschteren, déi bei lech an der Fraktioun sinn, applizéiere schonn zanter zwou Wochen den 2G op hire Plazen. Dir hutt vun e puer Inkohärenze geschwat. Dir schwätzt iwwert d'Impfen, wat guer net am Text ass.

**(Brouhaha)**

An ech wëll just hei, esou wéi d'Sozialpartner sech och nach eng Kéier duerchgerongen hunn, ...

**(Brouhaha)**

■ **Une voix.**- Da loosst en ausschwätzen!

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique.**- ... esou wéi d'Sozialpartner sech duerchgerongen hunn, obwuel ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dir frot am Fong geholl eng ganz Rei Informatiounen. Elo kritt Der se an da beschwéiert Der lech, well Der et net wëllt héieren.

■ **Plusieurs voix.**- Nee!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Eng konkreet Fro ...!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Minister, Dir dierft lech kuerzfaassen, genau, fir dat zréckzeginn.

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique.**- Ech halen et ganz kuerz. Do ware ganz vill Diskussiounen mat de Sozialpartner.

**(Brouhaha général)**

An ech wëll just op dëser Plaz och nach eng Kéier ..., grad wéi mer ...

**(Interruption)**

Ech wëll just ...

**(Coups de cloche de la présidence)**

■ **M. Guy Arendt (DP).**- Ma de Minister krut d'Wuert!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Wannechgelift, wíelt Dir emol Ären Toun!

■ **Une voix.**- Ëmmer déi aner!

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique.**- Ech wollt just op dëser Plaz deen Opruff ...

■ **Une voix.**- Ma maacht Dir mol Är Aarbecht!

■ **M. Guy Arendt (DP).**- Fir eng Kéier, wou en do ass!

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique.**- Ech wollt op dëser Plaz dee selwechten Opruff maachen, dee mer un d'Sozialpartner gemaach hunn. Dir sidd lech bei lech an der Fraktioun och där heiter Responsabilitéit e bësse bewosst. D'Sozialpartner alleguerten, d'Patronat, an d'Gewerkschafte krute sech duerchgerongen, fir e bëssen déi national Symbolik ze fleegen. Loosst lech bis de Vott vläicht nach eng Kéier e puer Minutten Zäit, fir dat nach eng Kéier ze iwwerleeën.

Ech soen lech Merci.

**(Brouhaha)**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Hansen. An ech wënsche mer, datt mer elo zu där gewinnter Serenitéit zréckkommen.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Nee, nee, Här ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech gi selbstverständlech dem Här Claude Wiseler d'Wuert.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ok. An där ongewinnter Prozedur, Här President, wëll ech da Parole après ministre mëtten an der Diskussioun vun der Debatt kréien, wat net normal ass, mee da maache mer dat elo esou.

Ech verstinn absolutt, wat Der sot. Just, Dir hutt mat de Gewerkschaften iwwer grouss Prinzippie geschwat an déi ware mat de grouse Prinzippien absolutt d'accord. Mir sinn och mat de grouse Prinzippien d'accord, just datt mir hei en Text virleien hunn, dee wäit iwwert deen Domän erausgeet, iwwert deen Dir mat de Gewerkschaften an de Sozialpartner geschwat hutt an deen och am Detail muss stëmmen.

Mir si mat de Prinzippien d'accord, mee mam Text an all deem, wat dee legalen Text hei implizéiert - an ech hunn lech erkläert, firwat -, kënne mer net averstane sinn. Mir stëmmen net dogéint, mir ent-

halen eis aus dem Grond, well mer mat engem legalen Text, deen an eisen Ae muss prezis sinn, deen an eisen Ae muss applikabel sinn, deen an eisen Ae muss op Akzeptanz stoussen... Dat mécht en net. Dofir kënne mer net dofir stëmmen. Et deet mer leed. Ech verstinn Ären Appell, mee et geet net.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wiseler, fir déi Prezisiounen. An da komme mer elo zréck op eise gewinntenen Ordre du jour. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Gilles Baum, deen als zweeten op der Riednerlëscht agedroen ass.

**(M. Gilles Baum place une affiche portant le slogan « #impfewierkt » sur le pupitre.)**

An den Här Kartheiser ass net agedroen.

**(Interruption par M. Fernand Kartheiser)**

■ **M. Gilles Baum (DP).**- E bleift stoen, maacht lech keng Suergen!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Här Roth, Dir kennt mech jo awer laang genuch, dass Der wësst, dass ech net zu deene gehéieren, déi sech hei mussen inszenéieren.

■ **Une voix.**- Richteg!

■ **Plusieurs voix.**- Ganz richteg!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Kollegeinnen a Kollegen, Här President, am Joer 2020 sinn zu Lëtzebuerg 26 Leit leie bliwwen, 26 Leit hunn hiert Liewen am Verkéier verluer. 11 vun deene Leit souzen an engem Auto oder an enger Camionnette, 2 Leit hate kee Sécherheetsgurt un, 9 Leit haten de Sécherheetsgurt un.

Wa mer déi Zuelen einfach elo esou stoe loossen, da schéngt et esou, wéi wann de Sécherheetsgurt guer näischt géif bréngen. Schliisslech si jo just zwee Leit gestuerwen, well se de Gurt net unhaten an néng sinn der gestuerwen, obschonns se de Gurt unhaten. Ass et also méi geféierlech, mam Gurt ze fueren? Natierlech net.

Et handelt sech hei ëm e Paradox, deen entsteet, wann een net dat Gesamtbild kuckt. Déi absolut Majoritéit vun de Leit, déi leet de Sécherheetsgurt beim Fueren nämlech un. Et ass mëttlerweil normal, dass een de Gurt undeet an dass och méi Leit mat engem Sécherheetsgurt an e schlëmmen Accident geroden oder souguer déidlech veronglécke kënnen.

Dat bedeit awer net, dass de Gurt säin Zweck net erfüllt. Nee, de Gurt protegéiert ganz kloer. Mee de Gurt huet och seng Limiten a bei enger wierklech hefteger Kollisioun hëlleft leider och de Gurt net méi.

Ganz änlech, ganz änlech verhält et sech mat der Impfung. Jo, et leien aktuell och geimpfte Leit am Spidol an och op der Intensivstatioun. Heescht dat, dass d'Impfung näischt bréngt? Nee, natierlech net.

Eng Majoritéit vun de Leit ass geimpft an doduerch ass och de Pool vun de Leit, déi sech infizéiere kënnen, bei deene Geimpfte méi grouss. Den Zweck vun der Impfung ass et virun allem, e schwéiere Krankheitsverlaf ze evitéieren, an dat mécht d'Impfung och.

■ **Une voix.**- Ganz richteg!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- D'Impfung protegéiert. Mee d'Wierkung vun der Impfung ass natierlech vun enger Rei Facteuren ofhängeg: vum allgemenge Gesondheetszoustand vum Patient, vu sengem Alter, eventuell vu senge Virekrankungen.

De Covid-19 ass keng Gripp. Eng Gripp ass scho schlëmm genuch, mee duerch deen neie Virus kann ee schwéier krank ginn an och laang duerno nach um Covid-19, um Longcovid leiden, an zwar jiddwereen.

Am Spidol leien am Moment vill Leit, an et wär falsch ze mengen, dass nëmme Leit an engem héijen Alter do léichen. Et leie Leit do, déi woche-laang musse beotemt ginn. 895 Leit hei zu Lëtzebuerg wäerte leider keen Otemzuch méi huelen. An ech si sécher, dass, wa mer d'Impfung net gehat hätten, vill méi Leit um Covid-19 hei zu Lëtzebuerg gestuerwe wären.

De Covid-19 ass keng Gripp. Et ass en neie Virus, deen eisen Immunsystem elo eréischt kenne léiert. D'Gripp ass bei der Mënschheet scho méi laang bekannt. 1580 gouf et an Europa déi éischt nogewise Grippepandemie. An zënter Generatiounen léiert eise Kierper, léiert eisen Immunsystem mat Grippeviren ëmgoen a ka sech och besser géint d'Grippeviren wieren, virun allem, wann ee jonk a gesond ass.

Ech wär frou, wann de Covid-19 eng Gripp wär. Dann hätte mer keen État de crise gebraucht, mir hätte kee Lockdown gebraucht, mir hätte keng Maskspflicht gebraucht. D'Impfung kann eis awer hëllefen, aus dem Covid-19 eppes wéi eng Gripp ze maachen. D'Impfung hëlleft eise Immunsystem, sech besser ze wieren, net schwéier krank ze ginn a virun allem net mussen an d'Spidol ze goen.

Mee och elo, no bal zwee Joer Pandemie, riskéiere mer nees nei a méi geféierlech Varianten, well nach net genuch Leit immun sinn. An dowéinst gesi mer och elo als Majoritéit keen anere Wee, wéi weider Drock opzebauen a méi streng Reegelen anzeféieren. Mir maachen dat nach ëmmer net gären. Mir maachen et, well mer keen anere Wee gesi wéi d'Impfung, fir Schwéierkranker an och weider Doudeger ze vermeiden.

Ech weess, dass net all Ongeimpftenen en Impfgéigner ass a scho guer kee Verschwörer ass. Et gëtt vill Leit, déi sech einfach Gedanke maachen, déi sech Suerge maachen an déi Angscht hunn. Vill vun deene Leit verleugnen de Virus net a se hale sech un déi sanitär Virschrëften. Fir si wäert et elo méi schwéier ginn an och méi deier ginn, fir um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen, an dat weéinst Leit, déi d'Situatioun net eescht huelen, déi hir Gesondheet an d'Gesondheet vun anere Leit op d'Spill setzen, well se sech net un d'Reegelen halen a well se léiwer Verschwörungstheoretiker wéi Experten, Virologen a Wëssenschaftler gleewen, wann et ëm d'Impfe geet.

Et ass richteg, den Drock gëtt eropgesat. Bis Enn Februar kann een elo just nach an de Restaurant, Theater, Kino, Sport, wann een entweeder geimpft oder erëm gesond ass. Dat ass de sougenannten 2G-System, an dee géllt bannen a baussen.

Identitéitskontrolle gi mat dësem Gesetz elo endlech méiglech gemaach, well einfach vill ze vill Abus gedriwwen ginn ass mat falschen Zertifikater. Elo muss beim CovidCheck d'Identitéit kontrolléiert ginn, fir Abusen ze verhënneren.

Ab dem 15. Januar géllt dann obligatoresch den 3G op der Aarbechtsplaz. Zertifizéiert Tester sinn hei nach erlaabt, awer och d'Validitéit vun den Tester geet erof: bei de PCR-Tester vun 72 op 48 Stonnen a bei de Schnelltester, déi zertifizéiert sinn, vun 48 op 24 Stonnen. A mir alignéieren eis domat un dat, wat och am Ausland applizéiert gëtt.

Wie kee validen Zertifikat virweise kann, dee muss entweeder e Congésdag huelen oder doheem bleiwen ouni Salaire. Eng Entloossung, an dat ass ganz wichteg, wäert et net ginn. Esou ass et ausgehandelt ginn tëschent de Sozialpartner an der Regierung.

De Collège médical sengersäits, dee begréisst d'Decisioun vun der Regierung, fir den 2G an den 3G obligatoresch anzeféieren an och d'Validitéit vun den Tester erofzesetzen. Dës Mesurë gehéiere mat zu de leschte Mesuren, ofgesi vun der Impfpflicht oder engem Lockdown, fir d'Infektiounen auszebremse. Fir de CovidCheck ze facilitéieren, gouf och d'App ugepasst, soudass déi falsch Zertifikater detektéiert ginn, an et kann een op där Applikatioun elo wielen, ob et sech ëm Loisir oder Aarbecht handelt, ëm 2G oder 3G.

Duerch dës méi streng Reegelen erhoffe mer eis natierlech, méi Leit, déi bis elo nach retizent waren, ze erreechen, fir dass se sech impfe loosse. A virun allem an der Alterskategorie 20 bis 29, wou prozentual déi mannste Leit geimpft sinn, kéinten dës Mesuren effektiv en Impakt hunn. Jonker ginn nach ëmmer dovun aus, dass se sech net brauchen impfen ze loosse, well se jo gesond sinn, well se jonk sinn, well se en Immunsystem hunn, dee fonctionéiert. Dat ass awer net richteg. Och als jonke Mënsch kann ee schwéier krank ginn an och als jonke Mënsch kann een aner Leit ustiechen.

An den Alters- a Fleegeheimer wäert den 3G gëllen. Gläichzäitig muss d'Mask ugehale ginn an et muss e Schnelltest op der Plaz gemaach ginn. Scho virum Akraaftriede vun dësem Gesetz goufen déi nei Reegele promouvéiert. Esou garantéiere mer dee beschtméigleche Schutz fir eis eelste Matbirger an déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft.

Och an de Schoule gëtt et Changementer. Am Fondamental gëtt elo dräimol d'Woch getest, am Secondaire zweemol d'Woch, eemol doheem an eemol an der Schoul. Ab engem positive Fall gëtt an der Schoul all Dag getest an d'Kanner mussen d'Mask undoen. Net geimpften oder net genese Kanner, wou d'Elteren den Test verweigere, ginn an deem Fall a Quarantän gesat, déi no engem negativen PCR-Test de 6. Dag kann opgehuewe ginn. Ab dräi positive Fäll ginn net geimpften oder net geneese Kanner direkt an d'Quarantän gesat.

Den neien Dispositif sanitaire ëmfaasst weider Mesuren, op déi ech op dëser Plaz net wëll agoen. Ech soen lech och, firwat ech net drop aginn. Ech denken, et ass kloer ginn, dass den Educatiounsministère op déi nei Infektiounszuele reagiert, ouni eis Kanner - déi mat Sécherheet keng Schold un der Pandemie hunn - ze strofen, an derfir suert, dass se esou laang wéi méiglech kënnen an den normalen Unterrecht goen.

Ech wëll reagéieren op dat, wat den Här Wiseler gesot huet iwwert d'Informatioun vum Léierpersonal. Ech muss lech soen, Dir wësst dat, meng Duechter ass am zweete Schouljoer, meng grouss Duechtere sinn am Lycée. Ech sinn also nach voll concernéiert. Ech muss lech soen, ech als Elterendeel gi reegelméisseg iwwer meng E-Mail-Adress vun Edu-





cationsministère informéiert iwwert déi nei Mesuren. Ech kann lech och den Datum ginn. Ech kann lech och dat alles ganz gäre weiderschécken, Här Wiseler. Wann Der dat net kritt, well Der jo keng Kanner méi an der Schoul hutt, ginn ech lech dat ganz gäre weider.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech hunn awer Enkelkanner an der Schoul.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Ech muss lech soen, wann ech gesot kréien, dass d'Léierpersonal net informéiert ass: Et steet, wann ech richtig informéiert sinn, op d'mannst an dräi Sproochen, wann net a véier Sproochen do. Esou E-Mailen, déi vum Ministère kommen, déi eng Wichtegkeet hunn, do däerf een, mengen ech, och erwaarden, dass se net nëmme vun den Elteren, mee och vum Léierpersonal gelies ginn. An ech weess, dass ganz vill Leit sech ganz vill Méi ginn am Enseignement an déi Saach do ganz, ganz seriö huelen.

■ **Une voix.**- Ganz genau!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- D'Mesuren, op déi ech bis elo agaange sinn, sollen déi Leit, déi net geimpft sinn, motivéieren, sech impfen ze loossen. Duerno ass et awer och wichteg, déi néideg Moyene bereetstellen, fir dass d'Leit sech kënnen impfen. Nïeft den dräi Impfzentren, déi elo bestinn, deenen 300 Hausdokteren, bei deenen ee sech kann impfen, ass och den Impfzenter um Findel erëm opgaangen an zousätzlech sinn uechtert d'ganzt Land d'lescht Woch mobil Impfstatiounen an Akaafszentren, op Chrëschtmaert, op ëffentleche Plazen ënnerwee gewiescht, wou ee spontan konnt eragoen a sech impfe loossen. An d'lescht Woch krute mer eng Liwwerung, ass mer gesot ginn, vun 100.000 Impfdosen. Et wär also och genuch do, fir dass jiddweree sech kéint impfe loossen.

Den neie Gesetzestext soll et och méiglech maachen, méi einfach maachen, dass Kanner tëschent 12 a 17 sech impfe loossen, wat de Staatsrot favorabel aviséiert huet. Ab 16 Joer gesäit dësen Text vir, dass d'Kanner net méi den Accord vun hiren Eltere brauchen, fir sech impfen ze loossen. A bei de Kanner tëschent 12 a 15 ass et eng Neierung, dass do nach just d'Autorisatioun vun engem Elterendeel gebraucht gëtt. Wann d'Elteren zum Beispill gescheet sinn, geet et duer, wann ee vun den Elterendeeler averstanen ass, dass d'Kanner sech kënnen impfe loossen.

Mat dësem neien Dispositif schafe mer de Problem aus der Welt a mir gi méi Jonken d'Méiglechkeet, fir effektiv och eng Impfung ze kréien.

Natierlech ass et wichteg, déi Leit ze erreechen, déi nach guer net geimpft sinn. Mee et ass genausou wichteg, dass mer duerch de sougenannte Booster och den Impfschutz vun deene Geimpften nees erneieren. Den Impfschutz hëlt mat der Zäit of. Wéi vill a wéi séier, ass schwéier ze soen, well dat vu Mënsch zu Mënsch ënnerschiddlech ass. All Immunsystem reagéiert anescht op déi verschidden Impfstoffer. Dowéinst ass et immens wichteg, dass mer elo och déi geimpfte Leit iwwerzeegen, sech eng drëtte Kéier impfen ze loosse respektiv eng zweete Kéier, wann déi éischte Kéier Johnson war. Esou stärke mer eisen Immunsystem a bereeden eis op méiglech Variante vir, wéi zum Beispill déi Variant, déi aus Südafrika kënn.

Et ass e bësse wéi beim Sport: Wann ee beim Training ze laang aussetzt, da verléiert een den Otem, et verléiert ee seng Muskelen, et verléiert ee seng Ausdauer an et muss een nees vu vir ufänken. An et wär onglécklech, wa mer de Booster also net géifen notzen, fir esou sécher duerch de Wanter ze kommen.

De Wanter gëtt nach eng Kéier eng Erausforderung. Dowéinst begréissen ech d'Initiativ vun der Regierung, fir déi Testwoch ze organiséieren. Den Dëschdeg ware ganz vill Bierger hei am Land dozou opgeruff, sech eng éischte Kéier testen ze loossen, an dofir kruten och all d'Stëit per Post e Brëif, mat deem se sech konnten an d'Apdikt fënnel Schnelltester siche goen.

Ech ka jiddwerengem just un d'Häerz leeën, wierklech do matzemaachen. Et ass elo grad virun de Feierdeeg nach de Moment, fir méiglechst vill Infektiounen ze detektéieren an och Ketten ze ënnerbriechen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Kolleginnen a Kollegen, et ass an der Vergaangenheet ëmmer erëm drop higewise ginn, dass mer hei am Land par rapport zum Ausland eng héich Inzidenz hätten. Am Moment leie mer, ech hunn dat de Moie gekuckt - statista. de, da wësst Der meng Quell -, bei 415 Infektiounen op 100.000 Awunner; a Frankräich 516, an der Belsch 783, an Däitschland 353.

Et gëtt dann och oft vun deene südleche Länner geschwat: Portugal, Italien, Spuenien. Ech ginn lech och déi Zuelen: Italien 206, Portugal 270 a Spuenien 364. Déi gehéieren zu deene Länner, déi am mannsten Neiinfektiounen hunn. Südeuropa ass awer an der éischter Well immens haart vun der

Pandemie erwëscht ginn. An dat huet seng Spuere bei de Leit an der Conscience collective hannerlooss. Onvergiesslech, déi Biller. Also ech kann déi Biller net vergiesse vu Bergamo, wou d'Arméi mat den Arméiscamionen d'Läichen an de Särg duerch Bergamo gefouert huet, well se se net méi gepackt hunn. Onvergiesslech fir mech och déi Biller a Portugal, wou se de leschte Summer op de Kierfechter keng Plaz méi haten, fir d'Leit ze begreuen. Ech mengen, dat huet sech an der Conscience collective vun de Leit an deene Länner agebrannt.

Mir hunn dat vläicht nëmmen op der Tëlee gesinn, mee si hunn dat live erlieft. Ech mengen, do hu ganz, ganz vill Familljen een oder méi Leit verluer, an ech mengen, si wësse genau, wat déi Krankheet do urriichte kann. A vläicht huet dat och, dat, wat se wierklech erlieft hunn, dozou bäigedroen, dass vill méi Leit sech impfe gaange sinn, mat engem Impftaux a Portugal vun 88 %, Spuenien 81 %, Italie 75 %. An ech mengen, et ass virdrun ugeklongen, zu Lëtzebuerg vun der Populatioun - d'ganz Populatioun, net déi Populatioun, déi ka geimpft ginn, mee d'ganz Populatioun -: 70 %.

Mir sinn hei am Land awer scho méi laang amgaangen, net nëmme méi no den Inzidenzen ze kucken, mee och no den Hospitalisatiounen. An obwuel och hei d'Zuele besonnesch déi lescht zwou Wochen awer drastesch gekomme sinn, sti mer nach ëmmer besser do wéi am Ausland. Virun allem an der Belsch ass d'Situatioun méi eescht: Do louchen de 5. Dezember op eng Millioun Leit gerechent 308 Leit mam Covid am Spidol. Am Frankräich waren et der 171. A wann ech et héichrechnen op d'Zuel vu gëschter, wäre mer zu Lëtzebuerg op eng Millioun Awunner bei 129 gewiescht.

An da gëtt et Länner wéi Éisträich an Däitschland, wou haart iwwer eng Impfflicht nogeduecht gëtt oder wou se agefouert gëtt. Eng Impfflicht ass dat allerlescht Mëttel a mir hoffen, dass mer se net asetze mussen. An dofir gi mer léiwer de Wee vu méi strenge Mesuren a méi Drock.

Well et kann net sinn, an ech hunn dat erlieft, wéi ech de leschte Mount zu Münche war, et kann net sinn, dass wéi a Bayern oder wéi a Sachse Leit aus de Spideeler mussen erausgeholl ginn, well keng Better méi do sinn, a se an aner Bundeslänner gefouert ginn. Vu Bayern hu se der a Baden-Württemberg geschéckt, d'Leit mat der Ambulanz dohinner getässelt. Ech muss dat einfach esou soen, si hunn déi Leit vun enger Klinik an déi aner getässelt, well se einfach keng Better méi haten. Et ass ugeklongen: Mir sinn an der Phas 3 an de Spideeler, dat heescht, do sinn elo Operatiounen, déi zrëckgesat ginn. An ech wëll et nach eng Kéier soen an ech hunn et hei, ech mengen, ech hunn et bal alkéiers gesot: Sidd lech wannechgelift bewosst: Déi Better, déi mer besetzen op den Intensivstatiounen, wa mer déi iwwerstrapazéieren, déi Capacitéit, wa Leit erakomme mat engem Hiereschlag, wa Leit erakommen, déi en Häerzinfarkt gemaach hunn, wa Leit erakommen, déi en Aarbechtsaccident haten, wa Leit erakommen, déi e schwéieren Autosaccident haten, dann hu mer keng Plaz op den Intensivbetter. An dat muss mer op alle Fall vermeiden, fir dass déi primär Soinen an d'Urgencen an eise Spideeler kënnen assuréiert ginn.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Den Dokter Christophe Hueret huet et op RTL ganz richtig ausgedréckt: Meng Fräiheet hält do op, wou engem anere seng Fräiheet ageschränkt gëtt. A wa mäi Verhalen dozou féiert, dass en aneren eng wichteg Operatioun oder eng Behandlung am Spidol net méi ka kréien, well keng Plaz do ass, dann hunn ech a mengem Verhalen eppes falsch gemaach.

Jiddwereen, jiddwereen ass fir seng eege Gesondheet verantwortlech an et ass och déi eegen Decisioun, seng Gesondheet ze riskéieren. Während enger Pandemie huet een och eng Responsabilitéit fir d'Gesondheet vu senge Matmënschen, an domadder däerf een net lichtfankeg ëmgoen.

Här President, de Fait, dass d'Situatioun bei eis hei am Land nach net esou dramatesch ass wéi an anere Länner, dat hu mer warscheinlech dem Ëmstand ze verdanken, dass et hei nach ni - Gott sei Dank - e Freedom Day ginn ass wéi an anere Länner. Nee, mir si virsiichteg bliwwen. Mir hunn de CovidCheck agefouert, mir hunn d'Masken ugehale, mir hunn d'Distanze bäigehalen an de Covid-Check setze mer elo méi wäitleefeg ëm. Ech mengen, et ass dee richtege Wee, et ass deen eenzege Wee, an ech hoffen, dass et fir d'Leit dobaussen e séchere Wee ass.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Mir wënschen eis allegueren näischt méi, wéi endlech nees kënnen esou ze liewen, wéi mer virdrun gelieft hunn, an engem Liewen, wou sech net alles ëm de Covid-19 dréint. Mir wënschen eis allegueren, nees an de Genoss ze komme vun eise Fräiheeten. A grad eng liberal Partei wéi d'DP versteet dat allze gutt.

Dowéinst si mer och bereet, all néideg Mëttelen anzesetzen, fir eis dëse Wonsch ze erfëllen. An

dofir féiert och kee Wee laanscht e méi héijen Impftaux. Impfen ass a bleift deen eenzege Wee. D'Solidaritéit ass a bleift deen eenzege Wee.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Ech ginn heimadder den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleienden Text, ouni awer ze vergiessen - une fois n'est pas coutume -, enger ganzer Rei Leit Merci ze soen. Ech géif natierlech gär dem Rapporteur, dem honorabele Mars Di Bartolomeo, Merci soe fir seng Fläissaarbecht. Ech géif awer och ganz, ganz gären emol eng Kéier der Madamm Pommerell hei aus der Administratioun Merci soen, déi déi lescht Deeg wierklech immens, immens, immens un deem Text geschafft huet, gradesou wéi allegueren déi Leit vun de Ministère, déi um Text matgeschafft hunn. Hinne vun hei aus e ganz grouse Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- An ech wëllt emol eng Kéier e ganz spezielle Merci ginn un d'Anne Glesener, wat meng Fraktiounsmataarbechterin ass, wat de Covidossier betreit vun Ufank un, wat och ëmmer wierklech am Bild ass, wat d'Statistike verfollegt, wat immens vill liest, wat wierklech am Thema immens doheem ass. Vun dëser Plaz, Anne, dir e ganz, ganz grouse Merci fir deng wäertvoll Aarbecht.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, 711 Neiinfektioune gëschter, 82 Persounen mat Covid am Spidol, an dovu 26 op der Intensivstatioun - d'Zuele vu gëschter Owend hu méi wéi een erfëiert. Et ass en neie Rekord fir dëst Joer a weist, datt nei Mesurë méi wéi néideg sinn.

D'Hoffnung, wann een dat esou ka soen, ass, datt déi vill Neiinfektiounen och mat der Testwoch zesummenhänken. Effektiv krut all Stot e Bong fir fënnel Schnelltester mat der Opfuerderung, sech dës Woch zweemol, en Dënschden an e Freiden, testen ze loossen, onofhängeg vum Status. Dës Aktioun „#Lëtzebuergtestsech“ kéint dozou bäigedroen hunn, dass duerch déi vill Schnelltester och méi Infektiounen an engem méi fréie Stadium detektéiert goufen an et erlaabt hunn, déi Leit dann ze isoléieren, fir dann Infektiounsketten ze ënnerbriechen.

Et ass dofir den Opruff u jiddereen, fir sech och weider ze testen, virun allem virun de Chrëschtdeeg oder wann een eeben op Plaze geet, wou vill Leit sinn, oder virun allem och, wann ee mat vulnerabele Leit zesummekënn.

Virgëschter sinn eis Spideeler nees an d'Phas 3 iwwergaang. Dat heescht, dass opgrond vun deenen héijen Zuelen an deem groussen Undeel vun de Patiente mat Covid-19 an de Spideeler eng Partie vun aneren Interventiounen an Aktivitéite mussen ofgesot an op e spéideren Datum verluecht ginn.

Ee vun eisen Haaptindicateure war jo ëmmer d'Situatioun an de Spideeler. Well d'Haaptzil vun all de Restriktioune war an ass, eng Iwwerlaaschtung vun eisem Gesondheetssystem ze verhënneren an och weiderhin alleguer de Patienten - an onofhängeg vum Covid - déi Versuergung ze garantéieren, déi se brauchen.

D'Situatioun an de Spideeler war laang relativ roueg. Bis viru véier Woche louch den Total vun den Hospitalisatiounen nach ënner 50, mee zanterhier sinn d'Zuelen erëm eng Kéier staark eropgaangen.

A wann een d'Entwécklung vun den Neiinfektiounen an de leschte Woche gekuckt huet, ass et kloer, an dat gouf och gesot, dass d'Hospitalisatiounen natierlech eng logesch Konsequenz vun deene villen Neiinfektioune sinn. An dat gesäit ee jo ëmmer erëm eréischt mat engem Recul vu 14 Deeg.

Medezinner a Fleegekräften, déi soen eis, dass e Covidintensivpatient wäit méi opwenneg ze versueren ass op enger Intensivstatioun wéi aner Patienten. De Personalopwand ass vill méi héich an dat Personal, dat muss ganz spezialiséiert a qualifizéiert sinn, dat schafft och ënner ganz penibele Situatiounen, an dat schonn zënter dem Ufank vun der Pandemie, an dat och ënner extreemem Drock. An dofir sinn ech ganz frou, dass mer haut de Moien eis Solidaritéit nach eng Kéier konnte weisen hei an dësem Haus mat deene Leit, déi an dësem Secteur schaffen.

Eleng aus Respekt virun hinne muss mer all, all zesummen, déi Efforte maachen, déi néideg sinn, fir d'Situatioun nees an de Grëff ze kréien.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Mat eisen haut 82 Hospitalisatioune si mer glécklecherweis nach wäit ewech vun deem Niveau vu virun engem Joer, wou mer am Ganze bal 220 confirméiert coronapositiv Patienten hospitaliséiert haten. Mee d'Entwécklung muss eis awer Suerge maachen.

An ech hu mech an de leschten Deeg gefrot, wéi d'Situatioun dann iwwerhaupt wier hei zu Lëtzebuerg, wa mer keen Impfstoff hätten a wa keng Leit geimpft wieren. Ech hu probéiert, eng approximativ Rechnung opzestellen, och fir d'Infektiouns- an d'Hospitalisatiounszuelen an en aneren, a menger Meinung no och méi e realistesch oder méi e realitéitsnoen, Kontext ze setzen. An ech ginn zou, déi Rechnung, déi ass e bëssen approximativ, mee se gëtt awer eng Gréisstenuerdung. Ech hunn d'Hospitalisatioune vun den Netgeimpften oder net komplett Geimpften, dat si ronn ee Fënneftel vun der Populatioun, héichgerechent op déi ganz Population vaccinable, also déi iwwer zwielef Joer. Wa mer also keen Impstoff hätten, wann hei also kee geimpft wier, da wiere menger Rechnung no mëttlerweil bal 130 Persounen an de Soins normaux an 80 Persounen op den Intensivstatiounen. Zesumme wieren dat, wa kee geimpft wär, 210 hospitaliséiert Covidpatienten an net, wéi gëschter, 82. 210 géint 82.

Also, wann nach een en Argument gebraucht huet: Dat Impfen, vun deem mer hei alleguer schwätzen, dat wierkt!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- An d'Situatioun ass also eng ganz aner wéi virun engem Joer, wou mer keen Impfstoff haten, op alle Fall net genuch, a wou mer ganz inzisiv Moosnamen hu missen decidéieren. Et ass gutt, fir sech eng Kéier dorunner ze erënnere, wou mer virun engem Joer stoungen.

No engem Cuvre-feu Enn Oktober 2020 an der Fermature vum ganzen Horeca-Secteur Enn November 2020 waren et da Mëtt Dezember nach zousätzlech Restriktiounen am Commerce an de 24. Dezember d'lescht Joer dann nach eng Kéier d'Verschäerfung mat engem ganz wäitreechenden Deellockdown bis zum 10. Januar: Cuvre-feu um 21.00 Auer, d'Soins à la personne, d'Commerces non-essentiels an d'Schoulen an d'Betreiungsstrukturen, déi waren zwou. A maximal konnt een zwou Persounen, zwee Leit aus deem selwechte Stot doheem invitéieren. Dat war virun engem Joer, Dir Dammen an Dir Hären. Et huet een heiansdo d'Tendenz, dat ze vergiessen. Mir hunn dat zwar nach an Erënnung, net an enger gudder, mee et schéngt dann awer par rapport zu haut wäit ewech.

Mir sinn zwar haut mat neie Variante konfrontéiert - och dat vergiesse vill Leit -, déi méi ustiechend sinn an deels och méi schlëmm Krankheetsverleef kënnen provozéieren. Mee mir hunn awer och eng ganz Rei vu Virdeeler. Mir kennen de Virus zum Deel besser a virun allem hu mer de Vaccin.

Wéi vill a wéi gutt d'Vaccine géint déi nei Variante wirken, géint d'Infektioun, géint d'Infektiositéit, géint de schlëmmen Krankheetsverlaf oder géint den déidleche Krankheetsverlaf, dat kann ee fir déi nei Variant vum Omikron nach net mat leschter Sécherheet soen.

Et hänkt vu ville Facteuren of, ënner anerem vum Immunsystem, vum Gesondheetszoustand vun der Persoun, déi sech ustécht. Eppes muss een awer kloer soen - et ass dat iwwregens vum Ufank vun der Pandemie un de Fall -: De Virus an d'Situatioun entwëckele sech a verännere sech, an domadder entwëckelt sech och eise Wëssensstand.

Jo, virun e puer Méint hu mer nach hei hoffnungsvoll op Dänemark gekuckt an eis all als Zil gesat, e gewëssenen Impftaux ze erreechen. A wa mer deen erreecht hätten, dee mer iwwregens nach ëmmer net hei zu Lëtzebuerg erreecht hunn, da krëche mer allegueren eis Fräiheeten erëm. Haut wësse mer leider, dass sech och an Dänemark d'Situatioun nees verschlëmmert huet an dass déi Tauxen, déi deemools gegollt hunn, eis haut leider nach ëmmer net déi néideg Sécherheet kënnen ginn. Haut mat deenen neie Varianten ass et net kloer, wou et higeet a wéi héich den Impftaux muss sinn, fir d'Pandemie a virun allem eis Iwwerlaaschtung vum Gesondheetssystem ze verhënneren.

Ass dat elo d'Argument, fir sech dann net ze impfen? „Well et dëngt jo näischt, dat gesäit ee jo!“ Dat kéint jo en Argument vun den Impfgéigner sinn. Nee, dat ass absolutt net de Fall! Déi Impfung hei, déi wierkt! Ech hunn dat virdrun a mengen Zuelen hei och nach eng Kéier duergeluecht. D'Impfung hëlleft virun allem, well se de Kierper beschtméiglech drop virbereet, fir am Fall vun enger Infektioun de Virus esou effikass wéi méiglech ze bekämpfen.

Den allerbeschte Schutz géint de Coronavirus fir deen Eenzelnen a géint eng generell Verschlëmmung vun der Situatioun ass, ech soen et nach eng Kéier, sech impfen ze loossen a sech och reegelmëssig a systematesch testen ze loossen.

D'Schnelltester, déi mer esou vill wéi méiglech sollten nëtzen, sinn eng complementaire, eng zousätzlech Sécherheet. Dës Aktioun, déi mer elo hei haten, weist de Wee, dee mer sollten huelen, nämlech zesummen dem Virus d'Stier ze bidden an em de Wand aus de Seegelen ze huelen.

Dat ass a bleift och d'Zil vun de Mesuren, déi an dësem Projet de loi virgesi sinn, den 2G an der





Fräizäit an den 3G op der Aarbecht. A ganz wichteg ass fir mech och, dass déi Konditiounen, déi Modalitéiten an d'Garantien zesummen an am Konsens mat de Sozialpartner decidéiert gi sinn.

Fir de Start vum obligatoreschen 3G an der Aarbechtswelt ze begleeten, ass d'Akraafttrieden op de 15. Januar festgeluecht ginn, a bis den 28. Februar kënnen d'Leit, déi sech da bis dohinner eng éischte Kéier impfe gelooss hunn an awer nach net komplett geimpft sinn, sech gratis a méi einfach a speziellen Testzenteren teste loossen. Fir Jonker tëschent 12 an 18 Joer bleift och an der Fräizäit den 3G.

Wichteg ervirzehiewen ass och, dass et en offiziellen Zertifikat fir Leit wäert ginn, déi sech aus gesondheetleche Grënn net kënnen impfe loossen. Déi kréien dann och fräien Zougang zu Tester, sou vill wéi si dann och brauchen.

Mat de Moossnamen, déi mer haut hei huelen, si mer net eleng. A ganz Europa goufen a ginn opgrond vun der Entwécklung vun der Pandemie, de villen Ustiechungen an dem Risk vun enger Iwwerlaaschtung vum Gesondheetssystem nees wätreechend Restriktionen decidéiert, deelweis méi strenger wéi mer dat hei virgesinn, deelweis och mat Lockdown a mat villem méi.

Et ass virdru gesot ginn, an der Belsch sinn d'Zuele ganz héich, dem De Croo no waren et déi héchsten an Europa, a se sinn och an der leschter Zäit erëm ganz staark an d'Luucht gaangen. An der Belsch ass en anere Wee gewielt gi wéi zu Lëtzebuerg. Do ass innerhalb vun dräi Wochen dräimol de sougenannte Comité de concertation zesummekomm, wou dann allkéiers nei Mesuren dobäikomm sinn. Déi éischte Kéier ass eng Maskefflicht op verschidene Plazen decidéiert ginn. E puer Deeg drop ass ënner anerem decidéiert ginn, datt d'Restauranten an d'Cafée mussen um 23.00 Auer zoumaachen. An an der drëtter Reunioun ass decidéiert ginn, datt d'Schoulvakazen am Primär elo fir Chrëschttag sollten ëm eng Woch verlängert ginn.

Natierlech kann ee soen, datt do au fur et à mesure op d'Evolution vun den Zuele reagéiert ginn ass. Mee ech mengen, datt dat d'Leit awer och midd mécht, wann een net matzäit weess, wat dann elo nach gëllt a wat net méi gëllt. An datt dat fir Onsécherheet suergt, dat ass da jo och kloer.

Dës Mesuren, déi an der Belsch, erkläre sech och, well de Contaminationstaux, ech hunn et virdru gesot, ee vun den héchsten a ganz Europa ass.

A Frankräich ware se, wat de Pass sanitaire ubelaangt, a gewëssener Aart a Weis méi streng wéi mir. Ech ginn elo net op d'Impfflicht an dem Gesondheitssecteur an, déi a Frankräich jo säit dem 15. September gëllt. Dofir gëllt do, souwäit ech weess, keen allgemengen 3G op der Aarbecht, mee just an deene Betriber, wou Public empfaange gëtt, wéi zum Beispill an de Restauranten. Wie virum 17. Juni geimpft ginn ass, dee muss bis de 15. Januar och eng Boosterimpfung kritt hunn, fir datt säi Pass sanitaire och weider unerkannt gëtt.

An dann am Saarland, an Däitschland hunn ech d'Saarland dann och geholl, ass d'Situatioun e bësse méi komplizéiert. Do gëllt den 2G fir eng Rei vu Fräizäitaktivitéiten, d'Fräizäitparken zum Beispill an d'Bibliothéiken, den 3G gëllt op der Aarbechtsplaz an dotëschent gëtt et nach den 2G+, wou ech dann nach muss zum geimpft oder zum geheelt zousätzlech getest ginn. Dat ass e Modell, dee vläicht e bësse méi komplizéiert ass, mee deen eng weider Sécherheet doduerch bréngt, datt och déi geimpfte Leit sech mussen teste loossen. An et wier vläicht interessant och ze kucken, wéi do d'Situatioun evolueiert an dann och déi néideg Konklusiounen doraus ze éien.

Dir gesitt, och an den Nopeschlännern gëtt et keen ee Modell, et gëtt net deen een, déi eng Linn, et gëtt net deen ee Plang, wou ee seet: Dat do ass dee richtegen. An d'Planbarkeet, et muss een natierlech matzäiten informéieren. Dir hutt gesinn, an der Belsch, do huet et an dräi Wochen dräimol geännert. Hei kéint dat eventuell och eng Kritik sinn, mee et muss een awer och soen, dass hei säit dem 29. November, an dat si jo awer elo schonn e puer Deeg, déi Haaptschlësselementer vun dësem neie Projet de loi bekannt sinn.

E partiellen oder komplette Lockdown misste mer onbedéngt hei verhénnern. Dat soll och wierklech déi allerlescht Mesure sinn, fir net nach weider Existenzen op d'Spill ze setzen. Duerfir den Appell: Passt op Iech an op Är Matmënschen op! Test Iech! Loosst Iech impfen, och wann Der eng Rei vun Ängsten oder Zweifelen hutt! Schwätzt mat Ärem Dokter! Huelt Iech déi néideg Informatiounen, mee huelt Iech déi richteg Informatiounen! Huelt Iech d'Informatiounen vun der Wëssenschaft an net vun de Schwurbler!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*):- D'Ukënnegung vun de méi contraignantë Mesuren huet op alle Fall schonn en Deel vun de Leit, déi bis elo gezéckt hunn, iwwerzeegt, fir sech impfen ze loossen, well während der

Impfwoch hu sech 5.840 Persounen eng éischte Kéier impfe gelooss. Dat waren esou vill Éischtipfungen wéi zënter Mëtt Juli net méi. Et kann een also net soen, dass déi Mesuren hei näischt géife bréngen. A vläicht loosse sech jo dann och nach eng Partie Leit iwwerzeegen. Vläicht ass fir muncher jo och dee sougenannten Totimpfstoff d'Léisung, en Impfstoff, deen nom Prinzip vun deenen traditionellen Impfstoffer fonctionéiert an deen eventuell manner Bedenke bei enger Rei Leit provoziert.

Dësen Impfstoff ass jo scho relativ wäit an der Entwécklung an an den Testprozeduren an dee kéint an den nächste Méint hei zougelooss ginn. A vläicht wier et eng Méiglechkeet, dozou méi Informatiounen ze kréien. Ech weess net, ob d'Regierung déi huet. Et ass op alle Fall wichteg, alles ze maachen, fir dass mer esou vill wéi méiglech Leit mat an d'Boot kréien. A wann den Totimpfstoff fir deen een oder aneren eng Léisung ass, da solle mer deen net ausschléissen. An do gëllt et och, d'Fuerschung virunzedreien, wat d'Behandlung mat Medikamenter vun de Coronainfektionen grad bei méi schwéiere Verleef betrëfft.

Ech hu gëschter e Reportage gesinn, wat se am CHL vu Mesuren huelen. Dat ass alles gutt, an och do, mengen ech, sollte mer mat vir un der Spëtzt sinn, fir den Zougang zu neie Medikamenter dann och esou séier wéi méiglech bei eis hei ze kréien.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Dat Gesetz, iwwert dat mer hei wäerten ofstëmmen, an d'Mesuren, déi doranner festgeschriwwen sinn, déi maachen net jiddweree frou. Dat kann ech verstoen. Jo, et erhéicht den Drock, fir sech impfen ze loossen. Mee dat ass jo keng „fin en soi“. Et geet jo net drëms, fir den Drock einfach nëmmen ze erhéijen, mee et geet hei drëms, oder d'Zil ass et, fir eis all, fir eis Gesellschaft am Ganzen ze schützen, a virun allem, fir eise Gesondheetssystem ze schützen.

An et schéngt mer wichteg, dass mer eis bewosst maachen, dass, wéi esou oft, d'Géigner vun deene Moossnamen hei déi sinn, déi am häertste jäischen, mee si sinn net d'Majoritéit. Déi grouss Majoritéit vun der Bevëlkerung, Dir Dammen an Dir Hären, déi ass geimpft an déi steet hannert de Mesuren, déi hei geholl ginn. A vläicht sinn der souguer nach eng ganz Partie bereet, méi wäit ze goen an nach aner Mesuren ze akzeptéieren. Si si geimpft, si si geboostert, de groussen Deel ass geimpft a geboostert, si passen op sech an op hir Matmënschen op, si teste sech regelméisseg a si sinn och solidaresch mat der Gesellschaft a mat de Leit aus dem Fleege- a Gesondheitssecteur. Mee et héiert ee se net! Si ginn net op d'Strooss a si jäischen net haart a si ginn och net ausfalend, och well se et sënnvoll fannen, net op voll Konfrontatioun ze goen, well se eeben net wëlle spalten a well se net wëlle riskéieren, datt d'Situatioun och op der Strooss eskaléiert.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*):- An hinne si mer et schëlleg, Dir Dammen an Dir Hären, alles ze maachen, fir d'Situatioun an de Grëff ze kréien, fir e gudden Equiliber ze fannen, fir hinne méi Fräiheet kënnen erëmzeginn a fir si a fir eis all ze schützen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*):- Ech wëll hei e grousse Merci dem Mars Di Bartolomeo soen, deen den x-te Rapport hei alt erëm eng Kéier op eng ganz gutt Aart a Weis presentéiert huet. Ech wëilt och alleguerten de Mataarbechter hei aus dem Haus - et ass virdru gesot ginn, an ech si frou, datt de Gilles Baum et och scho virdru gesot huet - nach eng Kéier e grousse Merci soen, an och deene Leit aus de Ministären an och eiser Gesondheitsministesch, dem Paulette Lenert, e grousse Merci soe fir déi extreem vill Aarbecht, déi se an deene leschte puer Deeg an awer virun allem an deene leschte quasi zwee Joer hei geleeschthun.

Dat heite war meng lescht Ried an der Chamber bis op Weideres. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*:- Merci villmools, Här Engel. An nächsten agedroene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*):- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, och Dir Dammen an Dir Hären aus der Regierung, am Fong misste mer eis zu Lëtzebuerg glécklech schätzen: Bis haut konnten 13 Milliounen fir Impfstoffer mobiliséiert ginn, ouni dass dës Zomm an eiselem Budget vill an d'Gewicht gefall ass. A jiddweree vun eis kritt d'Impfung gratis an onkomplizéiert offréiert.

Mir konnten déi sozial an ekonomesch Schied vun der Kris mat 4 Milliarden Euro offiederer, ouni dass eis Staatsfinanzen aus dem Rudder gelaf sinn. Vun esou Verhältnisser, Dir Dammen an Dir Hären, kënnen d'Populatiounen aus dem globale Süden nëm-

men dreemen. Bei hinnen ass d'Realitéit eng ganz aner.

An awer. Och zu Lëtzebuerg hu mer d'Kris net iwwerwonnen. Nach ëmmer sinn nëmmen 79 % vun den Awunner iwwer zwielef Joer geimpft an den Taux vun den Ongeimpften an der Gesamtpopulation erreecht net méi wéi 68 %. 32 % vun de Mënschen, dat ass en Drëttel, déi zu Lëtzebuerg liewen, sinn also net geimpft. De Jens Spahn, de fréieren däitsche Gesondheetsminister, géif deen Zoustand als „Pandemie der Ungeimpften“ bezeichnen. Deen Ausdrock staamt bekanntlech vun him. Egal, wéi ee sech ausdréckt, dat ass elo net d'Fro, fir eis steet fest, dass alles drugesat muss ginn, fir der Impfung méi Gewicht ze ginn. A genee dat do maache mer mat dësem Projet de loi, wou d'Impfung am Zentrum vun de Moosssname steet mat der Aféierung vum 2G an 3G, jee nodeem, ëm wéi e Secteur et sech handelt. Ech ginn net an den Detail an, well de Rapportier all d'Detailler gutt erkläert huet.

Wat dee ganz sensibelen 3G op der Aarbecht betrëfft, esou ass et an eisen Ae ganz positiv, datt dës Dispositioun am Dialog mat de Sozialpartner zustane koum an datt vill Froen, déi sech beim Vott vum leschte Projet de loi gestallt hunn, haut beäntwert sinn. D'Detailler mussen allerdéngs gutt kommuniquéiert ginn, a sollte sech dann nach weider Froe stellen, sollt nach Klärungsbedarf optauchen, da muss och deen am Dialog behuewe ginn. A mir sinn eis sécher, datt dat méiglech ass.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi gesot gëtt d'Impfung mat dësem Projet de loi nach méi gefërdert wéi mam aktuelle Gesetz, wat jo elo ofleeft. Eng Diskussioun, déi sech nach net an dësem Projet de loi zrëckspigelt, mee awer national an international méi aktuell gëtt, bezitt sech op d'Impfung vun de Kanner tëscht fënnef an zwielef Joer. An dowéinst wëilt ech vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir e puer Wieder doriwwer ze verléieren.

De Conseil supérieur des maladies infectueuses huet eng éischt Recommendation erausginn, déi elo ëmgesat gëtt. Dat fanne mer positiv. Se gesäit bekanntlech vir, datt just vulnerabel Kanner tëscht fënnef an eelef Joer respektiv Kanner, déi bei vulnerable Persounen liewen, déi also mat hinnen zesumme liewen, déi Impfung kënnen wouerhuelen.

Domadder alignéiert de Conseil supérieur sech op d'Positioun vun den Nopeschlännern. Natierlech ass dës Deelrecommendatioun, kann ee soen, fir de Schutz vun deene vulnerabelste Kanner geduecht. Am Fong stellt se awer och en Opruff un déi Erwuessen duer, fir sech impfen ze loossen. Et ass nämlech un eis Erwuessenen alleguer, fir d'Kanner ze schützen an net ëmgedréit, wuel wëssend, datt d'Kanner an der Pandemie scho vill Affer hu misse bréngen a schonn haut zu de gréisste Verléierer vun der Pandemie gehéieren.

A wa mer da vu Generatiounegerechtgeeket schwätzen, da sinn notament och déi Erwuessen, Elteren an Net-Elteren, gefuerdert, fir zu dëser Generatiounegerechtgeeket bäizedroen, andeems se sech impfe loossen. Domat schütze se jo net nëmme sech selwer, geimpften Erwuessener schützen och déi psychesch a mental Gesondheet vun de Kanner, fir hinnen eng gesond Entwécklung ze erméiglechen. Se droen derzou bäi, datt d'Schoulen opbleiven an datt Bildungsdefiziter scho bei deene Jéngste verhénnert ginn.

Här President, et ass eis bewosst: De Refus vun der Impfung ass nach ëmmer e legaalt Recht an eng Fräiheet vun all Einzelnen. Dat ännert awer näischt drun, datt d'Impfung eng moralesch Pflicht vis-à-vis vun deene Jéngsten ass, déi scho bal zwee Joer ënnert den Aschränkunge leiden, virun allem mental.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*):- Fir d'Kanner net nach méi zu de Verléierer vun der Pandemie ze maachen, préift de Conseil supérieur des maladies infectueuses momentan d'Méiglechkeet, d'Impfung fir all d'Kanner ab fënnef Joer am nächste Joer ze erlaben.

Och an anere Länner steet de pediatresche Vaccin ëmmer méi an der Diskussioun. De Kalenner steet nach net fest. Allerdéngs muss och Lëtzebuerg, an domat och d'Regierung, sech kuerz- oder mëttelfristeg dozou positionéieren.

Laut enger Rei unerkannte franséische Virologen, Dokterinnen a Chercheuren, déi d'lescht Woch e ganz interessante wëssenschaftlechen Artikel am „Le Monde“ publizéiert hunn, ass d'Perspektiv vun engem Vaccin fir Kanner, deen, plakativ ausgedréckt, ënnert dem Chrëschtbeemche läit, eng grouss Chance fir d'Kanner an d'Familljen. Eng Chance an deem Sënn, datt d'Impfung d'Scolaritéit sekuriséiert an op déi Manéier och Kanner aus méi vulnerabele Schichte viru Bildungsdefiziter schützt, eng Chance awer och an deem Sënn, datt d'Impfung d'Zirkulatioun vum Virus queesch duerch d'Gesellschaft brems, vu datt d'Kanner déi Grupp sinn, wou de Virus momentan am meeschten zirkuléiert.

An deem Kontext ginn déi franséisch Experten der-vun aus, datt op d'mannst an all zweeter Schoulklasse ee Kand infizéiert ass an datt d'Eltere vun net-geimpfte scalarisierte Kanner 45 % méi en héije Risiko lafen, selwer infizéiert ze ginn.

En anere Punkt, deen d'Spezialisten ze bedenke ginn, ass deen, dass d'Hospitalisatiounen vun infizéierte Kanner, mee och d'Stierfäll zanter Oktober klammen. Dat ass net schéin an dat muss engem ze denke ginn. Donieft stellt och de potenzielle Long-Covid pédiatrique e groussen Onsécherheetsfacteur duer, well geféierlech Laangzäitschied bei Kanner net méi ausgeschloss ginn.

D'Tatsaach, datt de pediatresche Long-Covid wäit manner erfuerscht ass wéi d'Impfung, mécht de Pediatereen ëmmer méi Suergen, a schlussendlech hunn dës Suergen och derzou gefouert, datt de genannte wëssenschaftleche Kollektiv sech dem Principe de précaution verschiwwen huet a fir d'Impfung ab fënnef Joer plädéiert.

Madamm Minister, als Gréng läit et eis natierlech fern, eis hei als Wëssenschaftler oder Virologen opzespillen. Allerdéngs si mer der Meenung, datt déi preventiv sanitär, mee och déi sozial Argumenter, déi fir d'Impfung vun de Kanner schwätzen, net vun der Hand ze weise sinn. An deem Sënn géife mer eis freeën, wann dës Iwwerleeungen an Är Iwwerleeunge géifen erafléissen.

An deem Kontext wëilt ech dann och e Lien zum Projet de loi vun haut hierstellen, mat deem déi Jonk méi Matsproocherecht beim Testen an der Schoul a beim Impfe kréien. Et geet jo drëms, dass bei Jonken ab 12 Joer nach just een Elterendeel säin Accord muss ginn an dass déi Jonk ab 16 Joer selwer kënnen entscheeden, ob se sech impfen oder teste loossen.

Als Gréng begrëisse mir dës Ouverture ganz kloer. Ech hu se scho beim Vott vum aktuelle Covidgesetz, wat mer déi leschte Kéier hei gestëmmt hunn, an d'Spill bruecht. An och de Staatsrot huet déi Recommendation formuléiert.

An deem Kontext wëilt ech op dee ganz nuancéierten Avis vum OKaJu hiweisen. Den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher gesäit an dëser Dispositioun och e Fortschritt an deem Sënn, datt d'Matsproocherecht an d'Volontéit vun deene Jonke respektéiert ginn, esou wéi et net nëmmen an der Kannerrechtskonventioun virgesinn ass, mee och am Artikel 372 vun eiselem Code civil.

D'Fro, déi mat dëser Dispositioun allerdéngs net beäntwert gëtt, ass déi, wéi den Alter vum Discernement definéiert ka ginn. Gemengt ass domat den Alter, wou e Kand oder e Jonke kapabel ass, sech selwer ofzeschätzen an ze jugéieren, ob en eng Impfung an Usproch wëllt huelen oder drop verzichten soll a wéi eng Konsequenze mat senger ee-gener Decisioun verbonne sinn.

Och wann den Alter, wou dës Capacitéit effektiv existéiert, an dësem Projet de loi un den Alter vu 16 Joer festgemaach gëtt, esou variéiert en an der Realität awer vu Kand zu Kand a vu Jonkem zu Jonkem. Oft ass e Kand scho mat 12 Joer oder souguer éischer räif genuch, fir éclairéiert Decisiounen ze huelen, anerer sinn et eréischt mat 17 oder 18 Joer, an anerer vill méi spéit am Liewen.

Fir deem Rechnung ze droen, rappeléiert de Robert Koch-Institut an Däitschland, datt et ënner anerem am Fall vun der Impfung bei medezinneschen Ugeleeënheeten um zoustännegen Dokter oder der Doktesch muss sinn, au cas par cas ze decidéieren, ob dee jonke Mënsch d'Capacitéit vum Discernement, dat heescht d'Urteilsverméigen, a vum Consentement éclairé erreecht huet oder eeben net.

Bei intellektuell räife Kanner a Jonken huet dës Approche dee grousse Virdeel, datt se méi fréi wéi 16 Joer eleng decidéiere kënnen, ob se sech impfe wëlle loossen oder net. Dat wier ganz am Sënn vun de Kannerrechter, Dir Dammen an Dir Hären, a vun hirem Recht op Selbstbestëmmung. An der Perspektiv, datt de Vaccin fréier oder spéider fir Kanner accessibel gëtt, wier et eiser Meenung no net vu Muttwëll, och dësé Volet an d'Reflexiounen afléissen ze loossen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*):- Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, d'Impfung geet eleng net duer, fir d'Pandemie auszerotten. Allerdéngs gëtt et och ëmmer méi kloer, datt mir ouni Impfung an ouni Booster an totalen Desaster géife landen. An duerfir begrëisse mir als Gréng och ausdrécklech, datt den Delai vun de Boosterimpfungen ab dem 3. Januar op véier Méint erofgesat wäert ginn.

Weiderhin op Impfung setzen, méiglechst vill a fréi booster an d'Lächer am Impf-Schwäizer-Kéis, fir e Bild vun enger YouTuberin ze gebrauchen, duerch Moosssname wéi d'Droe vu Masken, Ofstand a Kontaktlimitatiounen zouestoppen, dat ass a bleift déi richteg Protektioun géint de Virus och an Zukunft, virun allem an der kaler Joreszäit. Well et zeechent sech jo leider lues a lues of, datt all Wanter eng nei Well wäert op eis zoukommen. Wéi schwéier déi gëtt, hänkt zu engem gudden Deel vun





eis selwer of a vun der Eegeverantwortung, déi mer iwwerhuelen. Virun allem hänkt se awer vum Impf-taux vun der Populatioun of.

Mir brauche voll Impfpower, wéi een dat esou schéi kann ausdrécken, fir d'Wichtigkeet vum Impfen a Boosteren ze ënnersträichen. Laut internationalen Etüde lafe geboostert Persounen ganzer 88 % man-ner Risiko, fir infizéiert ze ginn, wéi Persounen, déi hir zweet Impfung viru fënnef Méint kritt hunn an net geboostert sinn.

Déi eigentlech Erausforderung läit allerdéngs net beim Boosteren, politesch gesinn, well déi meescht Geimpft konsequenterweis souwisou och bereet sinn, sech boosterem ze loossen. Ech mengen net, dass mer do nach vill Iwwerzeegungsaarbecht musse leeschten.

Déi eigentlech Erausforderung läit éischter doran, méi Mënschen ze motivéieren, sech impfen ze loos-sen, et ass schonn oft ënnerstrach ginn. Ech schwätzen net vun de kateegoreschen Impfgéigner, wou ee mat Iwwerzeegungsaarbecht ganz séier um Enn mat sengem Latäin ass. Ech schwätze vun deene Mënschen, déi opgrond vun hirem sproochlechen a kulturellen Hannergrond, mee och op-grond vun hirem Liewenssituatioun duerch d'Infor-matiounsnetz vun der Santé falen. Datt dee Risiko an engem Land mat ëm déi 150 verschiddenen Nationalitéiten a ganz ville verschiddene Sprooche ganz grouss ass, läit fir eis op der Hand. Et sinn dës Mënschen, déi sougenannten „Impfnachzüg-ler“, déi nach méi geziilt erreecht an informéiert musse ginn. An duerfir mussen all Mëttelen aus-geschëpft ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech komme mat engem Beispill. Bremen huet et virgemaach: Do si mëttlerweil 92 % vun den erwuessene Persounen vollstänneg geimpft. Dat Land, oder besser gesot, déi Stad, huet gewisen, datt et och ouni Impfpflicht geet. A wa mer d'Impfpflicht laangfristeg wëlle ver-hënnere an eis net deemnächst domat ausernee-setze wëllen, da sollt mer eis u Bremen inspiréie-ren. An deem Land hu speziel ausgebilt Informa-tiounsteame sech besonnesch an déi Quartieren deplacéiert, wou d'Infektiounen am héchste waren. Si hunn e Screening gemaach, fir déi Leit ze fannen.

Bremen huet eng Campagne a méi wéi zéng Sproochen duerchgezunn an ass mat sengen Impf-teame bis an dee klengste Wunnquartier gefuer, fir d'Mënschen op der Plaz, och fräiwëlleg an hire Wunneng, opzeklären, Vertrauen opzebauen an iwwer hir Ängschten a Suergen ze schwätzen. D'Re-sultat ass bemierkenswäert: Wéi gesot sinn 92 % vun den Erwuessene geimpft a reduzéieren den Drock op d'Spideeler gewaltig.

A mir sinn eis eens: Och zu Lëtzebuerg muss den Drock op d'Spideeler an d'Iwwerbelaaschtung vum Personal verhënnert ginn. D'Iwwerbelaaschtung vum Personal ass keen neie Phenomeen, se exis-téiert schonn zanter 18 Méint. An déi kuerz Otem-pausen am Summer sinn och net duergaang, fir d'Batterië vun deene Beschäftegten nees opzelue-den, déi dagdeeglech ëm d'Iwwerliewe vun hire Patiente kämpfen. Am Fong wëlle se Liewe retten, mee se musse Mënsche beim Stierwen nokucken.

Esou e Beruff ass ustrengend, en ass emotional opreiwend an zum Deel och frustréierend, virun allem, well déi meescht Mënschen, déi um Covid stierwen, eigentlech guer net misste stierwen. Déi eng huelen de Risiko op sech, an d'Kollektivitéit, an dësem Fall eise Sozialstaat a säi Personal, muss fir dee Risiko riichtstoen. Schlëmmer nach: Zanter vir-gëschter, wou an de Spideeler nees d'Phas 3 declenchéiert ginn ass, riskéieren d'Traitementen vun Net-Covidpatienten nees ausgesat ze ginn, well den Drock op d'Spideeler ze grouss gëtt.

Iwwerall an eisen Nopeschlännern gehei en d'Infir-mieren, d'Aide-soignanten an anerer a Fleegeberuf-fer d'Benegle lues a lues bei d'Tromm, well se et net méi packen, kierperlech an emotional.

An Däitschland ass d'Situatioun mëttlerweil ganz dramatesch an och a Frankräich schloen d'Mede-zinner Alarm: Se warne virum Zesummebroch vum ëffentleche Spidolswiesen, an d'Noutfallpläng vun de Spideeler ginn nees een nom aneren aktivéiert. An der Belsch hu verschidde Spideeler scho ganz Unitéite mussen zumaachen, well net méi genuch Personal do ass.

Dir Dammen an Dir Hären, esou wäit dierf et zu Lëtzebuerg net kommen. Mee och an eise Land si mer an enger Situatioun ukomm, wou déi normal Prise en charge net méi ëmmer garantéiert ka ginn, ech hunn et gesot. D'Temoignagé vun Dokterin, Infirmiëren, Reanimatoren, Anästhesisten a Sekuris-ten an esou weider, multiplizéiere sech och zu Lëtzebuerg an der Press, op der Tëlee, op de soziale Reseauen, wou se sech zesummegeedoen hunn. #YesWeCare, #ImpfeWierkt, dës Initiative fannen eis voll Ënnerstëtzung. Dat hu mer och de Mueren all zesummen an der Chamber gewisen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Et gëtt Zäit, dass dës Mënschen endlech vu jiddwerengem

gehéiert ginn. A mir kënnen och net nokucken, wéi de Gesondheetssektor sech vun enger Well an déi nächst eriwuerrett. De Bléck an d'Ausland soll eis eng Warnung sinn. A fir genee deen Zenario ze verhënnere, Dir Dammen an Dir Hären, verschäerfe mer d'Reegelen op ville Plazen a ginn och méi streng, wat d'Testzertifikater ugeet. Dëse Projet de loi ass, wéi gesot, opgrond vu rationalen a wëssen-schaftlechen Iwwerleeungen zustane komm an en ass net geduecht, fir d'Gesellschaft ze kujenéieren.

Dee ganz contrainanten 2G an all déi aner Mooss-name sinn eenzeg an eleng geduecht, fir Zäit fräizeschëppen a Rou an d'Infektiounsketten ze bréngen. Si si geduecht, fir Rou an d'Spideeler ze bréngen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn an enger Kris, wou een net méintelaang ka waarden an iwwer-leeën, ob een no léns, no riets oder riichtaus soll fueren. An dëser Kris mussen Entscheedunge getraff ginn an et muss Verantwortung iwwerholl ginn. Oder solle mer waarden, bis d'Intensivstatiou-nen nees voll sinn? Dat wier de falsche Wee, an duerfir sti mir voll a ganz hannert dësem Projet de loi.

Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wéilt ech dann och dem neverending Rapporten, dem Rappor-ter vum Déngscht, dee grad e Glas Waasser drén-ken ass, e grouse Merci ausdrécke fir seng Gedold mat eis an der Kommissioun a fir seng gutt Aar-becht, a virun allem awer och dem Chambersperso-nal, wat hannendru steet, alle virop der Madamm Pommerell, dem Patricia Pommerell, wat méi wéi eng Nuetsschicht mat eis ze di kritt, ouni sech ze bekloen. Och dat ass bemierkenswäert.

E grouse Merci lech all fir d'Nolauschteren. An domat ginn ech dann och den Accord. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Lorsché. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Här Mars Di Bartolomeo hat haut déi Aufgab, eis als Rapporten e ganz besonnesch laangen, komplizéierten an, wéi Der wësst, och ëmstriddenen Text ze presentéieren. Mee wéi ëmmer huet en dat wonnerbar gemaach an duerfir soe mer him en häerzleche Merci.

(**M. Marc Spautz prend la présidence.**)

An den nächste Minutten erklären ech lech dann elo, firwat mir als ADR trotz all deene gudden Erklärungen vun eise Rapporten den Text awer net kënnen matstëmmen.

D'Covidsituatioun hei am Land, wéi soss iwwerall, ännert sech vun Dag zu Dag. Et ass dowéinst wich-teg an noutwendeg, datt periodesch Ännerunge musse virgeholl ginn, déi der aktueller Situatioun op de jeeweilege Plaze Rechnung droen. Et ass dobäi onverännert an nach ëmmer eis kollektiv Ver-antwortung, wéi och déi vun all Einzelnen, datt mer dës Pandemie zesumme bekämpfen, fir datt et net zu enger Iwwerbelaaschtung vun de Spideeler kënn an datt eise Gesondheetssystem esou nor-mal wéi méiglech ka weider fonctionéieren.

Mir hunn op dëser Plaz scho méi wéi eemol betount, datt déi Problemer an Enkpäss, déi mer leider an eise Gesondheetssystem hunn, net vu gëschter an haut sinn. Si sinn d'Konsequenz vun enger verfeelter Gesondheetspolitik aus de leschte Joren. Mir hunn hei am Land net genuch Spidolsbetter a keng Reser-ven an eise Gesondheetssystem.

De Gesondheetssektor huet emol net déi Méig-lechkeet, fir sech un déi demografesch Entwéck-lungen hei am Land flexibel unzepassen. Déi ambu-lant Medezinn, esou nëtzlech a sënnvoll se och ass, ka keng stationär Behandlung a scho guer keng In-tensivmedezinn ersetzen.

D'Situatioun ronderëm d'Coronapandemie bleibt oniwwersichtlech. Nei Mutatiounen, wéi elo Omikron, sinn an hire Wirkungen weéng bekannt, d'Ästufungen variéieren am Abléck vu relativ harm-los, awer staark ustiechend bis zu méi schlëmmen Hypothesen. Vill wësse mer de Moment och nach net.

Mir mengen awer och, an dat freet eis, datt d'Ent-wécklung vu Medikamenter géint Covid gutt Pro-grëse mécht. Dat gëtt eis Hoffnung. Wann et bis wiersam Medikamenter géif ginn, wier d'Impfung net méi dat eenzegt Mëttel, dat mer kënnen géint déi Pandemie asetzen.

Och nei Impfstoffen, déi op méi klassesche Methode baséieren, sinn aktuell am Zouloossungsprozess, a wann déi bis um Maart sinn, fällt et ville Leit war-scheinlech manner schwéier, fir sech impfen ze loos-sen.

Här President, Dir kennt eis Positioun als ADR: En daitleche Jo zur Impfung, awer d'Impfung muss ëmmer fräiwëlleg sinn! Datt den Här Staatsminister elo eng Impfpflicht net méi ausschléisst, mécht eis e bësse Suergen, mee Gott sei Dank ass et nach net esou wäit.

Dat neit Gesetz, iwwert dat mer haut schwätzen, huet virun allem déi Neierung, datt op der Aarbecht den 3G-Prinzip agefouert gëtt an datt bei de Fräi-zäitaktivitéiten den 2G-Prinzip wäert gëllen. Mir gesinn dës Ännerungen aus enger Rei vu Grënn kritesch an awer och mat Suergen.

D'Gesellschaftssituatioun ass duerch d'Covidsitua-tioun ugespaant, an dëst Gesetz verschäerft déi Spannungen nach méi. Mir mussen eis also d'Fro stellen: Sinn déi Mesurë wierklech ausgeglach? Kënnen si garantéieren, datt eise Gesondheetssystem ouni Iwwerbelaaschtung weider ka fonctionéieren a gläichzäitig derfir suergen, datt mer de Leit keng Vir-schrëften operleeën, déi si ze vill dirängelen a se grad vum gesellschaftleche Liewen ausschléissen? An deem Kontext ass an eisen Aen den 2G-Prinzip fir d'Fräizäitaktivitéiten iwwerdriwwen.

Kritesch gesi mer, dat hate mer och scho virdru gesot, datt Privatleit am Kader vum CovidCheck vu jidderengem d'Identitéit iwwerpräiwe sollen. Hei musse mer och un d'Rechtsstaatlechkeet denken. Mir leeën elo e Recht vun der Police an d'Hänn vu Bierger, déi ouni Aschränkung aner Bierger kontrol-léiere mussen. D'ADR huet hei Bedenken, datt Pri-vatleit anere Privatleit hire Gesondheitszustand an hir Identitéit musse kontrolléieren.

D'Experte si sech eens, datt d'Tester fir d'Detek-téiere vum Covidvirus ganz zouverlāsseg sinn a gutt fonctionéieren. Firwat huele mer elo also de Leit, déi aus ënnerschiddleche Grënn net geimpft sinn, all Méiglechkeet, nach um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen? Firwat kënnen dës Leit net an Zukunft emol op enger Terrass eng Taass Kaffi drénken oder op de Chrëschtmaart goen, wa si en negativen Test kënnen virweisen?

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - D'ADR ass nieft der Impfung fir de massiven Asaz vu gratis Tester. Den 3G-Prinzip op der Aarbecht gesi mir och e bësse kritesch. Hei gëtt en onverhältnisméisseg Drock souwuel op d'Patronat wéi och op de Salaré aus-geübt. D'Regierung entzitt sech hei der Verantwor-tung, wälzt dës op d'Patronat of.

Mir sinn an de leschten Deeg vill Fäll zu Ouere komm, zum Beispill vu Salaréien, déi de Mindest-loun kréien an all Krämpes hunn, fir um Enn vum Mount nach déi zwee Enner beieneen ze kréien, déi dës zousätzlech Belaaschtung, fir déi Tester ze finanzéieren, einfach net packen. Hei muss ee ganz kloer soen: Mir dreuwe mat dëser Mesure vill Leit an Existenznout! D'Fräiwëllegkeet vun der Impfung, déi d'Regierung bis elo héichgehalen huet, ass domad-der praktesch ofgeschaaft.

D'Fräiwëllegkeet vun der Impfung, déi d'Regierung bis elo héichgehalen huet, ass domadder praktesch ofgeschaaft. Hei verléieren d'Leit hir Existenz, wa se sech net wëllen impfe loos-sen. Dëst ass dann am Endeffekt näischt aneschtens wéi eng Impfpflicht, oder vläicht en Impfzwang, just ouni d'Kand beim Numm ze nennen. A wann dat esou ass, da stelle sech och nach eng Rei aner Froen: Wann d'Leit sech praktesch mussen impfe loos-sen, musse mer dann net och iwwert d'Responsabilitéit an d'Haftung vum Staat diskutéieren? Muss ee vläicht un e „Renverse-ment de la charge de la preuve“ denken, wa Bierger de Staat weéinst méiglechen Impfschied verkleen? An och op der Aarbechtsplaz gëllt: D'ADR ass fir Impfun-gen an alternativ fir gratis Tester.

Et ass net verwonnerlech, datt esou Mesuren, wéi d'Regierung se wëll huelen, d'Spannungen an der Gesellschaft erhéien. Grad am Hibléck op déi sani-tär Situatioun, an där mer eis elo befannen, ass et dach wichteg, datt mer eis Gesellschaft méiglechst zesummeschweessen a keng onnéideg Grief ent-stoe loos-sen. Wie negativ getest ass an de Virus erwisenermoossen net mat sech dréit, soll kenge Restriktiounen ënnerleien.

Mir sinn der fester Iwwerzeegung, an et kann een dat vun Dag zu Dag méi gesinn, datt duerch dës Mesuren d'Gesellschaft sech leider ëmmer méi spléckt, wat zu Spannunge féiert, déi mir guer net gebrauchen kënnen an déi och, ech mengen, hei-banne kee wëllt.

Dat ass dee falsche Wee. Et ass eis Pflicht, duerfir ze suergen, datt sech aus enger sanitärer Aus-gangssituatioun keng fundamental Gesellschafts-kris entwéckelt. Et gëtt eng Pandemie, jo. An deem Sënn ass et kloer disproportionéiert, fir déi Ongeimpften op déi eng oder déi aner Manéier unzekloen oder ze stigmatiséieren. Mir begréissen ausdrécklech d'Méiglechkeet, datt d'Leit sech kënnen séier, gratis an onkomplizéiert impfe loos-sen. A fairerweis muss ee soen, datt dat an de leschte Wochen a Méint ganz gutt geklappt huet.

Mir sinn awer grad esou iwwerzeegt, datt eng Logik vun Drock a Bestrofungen net zu méi Akzeptanz féiert, mee grad au contraire d'Leit rose mécht. Mir dierfen och net vergiessen, datt d'Particularitéit vum Coronavirus an déi nach net definitiv Zouloosung vun den aktuellen Impfstoffen och an de Famillje fir ganz vill Diskussione suerge wäerten, besonnesch wann et ëm d'Impfung vun de Kanner geet. Och hei plädéiere mir dowéinst, fir méiglechst

Weeër vum Konsens ze sichen an net dozou bäize-droen, datt et ëmmer méi Sträit an der Gesellschaft an tëschent den Eltere gëtt.

Dir kennt och eis grondsätzlech Positioun, déi mer vun Ufank un haten, datt de Staat weeder d'Grund-rechter vun de Leit verletzen, nach sech an hiert Pri-vatliwien amëschen dierf. Déi Covidgesetzter, déi hei virgeluecht ginn, erfëllen déi Konditiounen eiser Meenung no net.

Här President, mir kämpfen all zesumme géint ee Virus. Dat geschitt am effektivsten, am beschten, wa mer all als Gesellschaft géient bleiwen. Kommt mer falen net an eng eesäitig Scholdzouweisung! Kommt mer schafe keng ënnerschiddlech Kategorië vu Leit! Dëst sinn eis Iwwerzeegungen an dës Iwwerzeegunge si mat dësem Gesetz kloer net garantéiert. An deem Sënn wäerte mir dat Gesetz och net matdroen.

An dann: Deene Leit, déi wëllen demonstréieren, soe mer ganz kloer, datt si dat solle friddlech maa-chen, well et bréngt näischt, wa se ausaarten. Och eis Regierung ruffe mer dozou op, keng Mooss-namen ze proposéieren, déi d'Leit onnéideg ënner Drock setzen. Déi zwou Säite mussen dozou bäidroen, datt et net zu enger Radikaliséierung kënn, well soss hu mer näischt geschafft.

An deem Sënn ginn eis déi Moossnamen, déi mer haut virgeluecht kruten, ze wäit, an duerfir wäerte mer et och net stëmmen.

Ech wéilt awer nach eng Motioun an eng Reso-lutioun deponéieren, eng Motioun zum generali-séierten Asaz vun de Loffilteren an de Schoulen an eng Resolutioun zur Impfpflicht. Wannechgelift, Här President.

**Motion 1**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest,*

*- datt d'Schoulpersonal opgefuerdert gouf, esou wäit déi meteorologesch Konditiounen dat erlaben, d'Klassesäll reegelméisseg ze lëften, fir esou dozou bäizedroen, de Risiko vun enger Infektioun mam Covidvirus anzedämmen;*

*- datt d'Regierung an der Äntwert op d'parlamenta-resch Fro N° 2812 vum 14. September 2020 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser mat-gedeelt huet, datt déi mobil Loffiltere „kee relevan-ten Effet op d'Vehënnere vun der Verbreedung vum Virus hätten“;*

*- datt neien Erkenntnisser no - a besonnesch wéi eng Etüd vun der däitscher „Stiftung Warentest“ gewisen huet -, mobil Loffilteren e substanziellen Effekt op d'Verréngerung vun der Gefor vun der Ustiechung mam Covidvirus kënnen hunn,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen, fir nach eemol zäitno an an aller Objektivitéit ze préiwen, ob den Asaz vu mobil Loffilteren net awer eng sënnvoll Alternativ kéint sinn, fir d'Vebreede vum Covid-Virus anzedämmen.*

(s.) Jeff Engelen.

**Résolution 1**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest,*

*- datt d'parlamentaresch Versammlung vum Europa-rot an hirem Resolutioun 2361 vum 27. Januar 2021 („Vaccins contre la covid-19: considérations éthiques, juridiques et pratiques“) d'Memberstaaten opgefuerdert huet, « de s'assurer que les citoyens et citoyennes sont informés que la vaccination n'est pas obligatoire et que personne ne subit de pres-sions politiques, sociales ou autres pour se faire vacciner, s'il ou elle ne souhaite pas le faire person-nellement »,*

*erënnert drun,*

*- datt d'Regierung festgehalten huet, datt et net zu enger Impfpflicht kënn,*

*decidéiert,*

*- datt Lëtzebuerg esouwuel kuerzfristeg ewéi och laangfristeg keng Impfpflicht aféiert.*

(s.) Jeff Engelen.

■ **M. Marc Spautz, Président de séance.** - Merci, Här Engelen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Spautz, Président de séance.** - Merci dem Här Engelen. Déi nächst ageschriwwen Riednerin ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).** - Merci, Här President. Fir d'éischt wéilt ech dem Rapporten Merci soen, dee grad net hei am Sall ass, an natier-lech och der Ministesch an all deenen, déi un dësem Text geschafft hunn, trotzdeem Merci soen an och den Effort unerkennen, deen hei dra stécht. Ech mengen, dat muss een och kloer ernaechten. Och wa mer net onbedéngt mat der Ausrichtung averstane sinn, muss ee kloer gesinn, dass hei ganz vill Stonnen an Deeg a Wochen a Méint dru geschafft gouf.





Ech wëlt fir d'éischt de Kontext unerkennen. Mir wëssen, dass mer an enger véierter Well sinn. Mir wëssen, dass d'Infektiounen héich sinn. Mir wëssen, dass d'Hospitalisatiounen an d'Luucht ginn. Mir wëssen, dass op der Intensivstatioun elo erëm méi Leit leien, an dat ass sécherlech den Haaptënnerscheed par rapport zu deem leschte Gesetz, wat mer hei an der Chamber gestëmmt hunn.

D'Impfe wierkt an d'Impfstoffe sinn dat wichtegst Instrument, dat mer aktuell am Kampf géint de Virus hunn. An ouni d'Impfstoffe wären d'Spideeler warscheinlech an enger ganz anerer Situatioun a géifen et eventuell net méi packen a mir wäre vläicht schonn erëm an engem Lockdown.

Mir wëssen awer och, dass d'Wierkung relativ schnell ofhëlt, no dräi bis véier Méint scho bei verschiddenen Impfstoffe. D'Impfwirkung setzt de Risiko vun engem schwéiere Krankeetsverlaf signifikant erof a bremst och d'Iwwerdroung, och dat wësse mer. Mee mir wëssen och, datt déi geimpfte Persounen kënne krank ginn, och wa manner oft, an datt si och de Virus kënne weiderginn. An dat selwecht gëllt och fir genese Mënschen.

Et ass och kloer, dass d'Spidolspersonal midd ass an ënner Drock ass, an es midd ass, ënner Drock ze sinn. An och dat wësse mer an ech mengen, et ass och ganz wichteg, hinnen hei nach eng Kéier de Respekt auszdrécken an hinne Merci ze soe vun dëser Plaz aus.

D'Spideeler sinn also elo an eng Phas 3 iwwer-gang an dat ass immens problematesch fir eis Santé publique, well eng Rei Agrëffer, déi net essentiel sinn, kënne verréckelt ginn, an trotzdeem ass dat ganz problematesch. Um nationale Plang ass den Impftaux effektiv an d'Luucht gaang. Ech mengen, mir si bei 77-78 %, wann ech mech elo net ieren, a bei 46 % vun der Weltbevölkerung, déi geimpft sinn.

Mir wëssen, dass et eng nei Virusvariant gëtt. De sougenannten Omikron, deen ass ënnerwee. Mir wëssen awer do virun allem, dass mer net vill wëssen, well Etüden en cours sinn. Dofir mengen ech, an do si mer sécherlech all averstanen, dass de Precautionsprinzip gëllt; mir mussen immens virsiichteg sinn.

D'Lag um sanitäre Plang ass also eescht an ech mengen, och do si mer eis alleguerten eeneg. Mir wësse villes, mee villes wësse mer och net. Wann d'Impfwirkung bei der Deltavariant scho relativ schnell ofkléngt, zumindest no zwou Dosen, wësse mer net, wéi se bei der Omikronvariant wäert wirken. Souguer wann den aktuellen Impfstoff bei Omikron sollt wirken, wësse mer nach ëmmer net, wéi vill Dose mer wäerte brauchen. A mir wëssen, dass dat vill Leit destabiliséiert.

Et ass zwar kloer, dass d'Boosterdosis wierkt - dat weise genuch Etüden an och genuch Experienzen -, mee mir wëssen awer net, wéi laang. Net gewosst ass och, wéi vill Prozent mer brauchen, fir déi sougenannten Herdenimmunitéit ze erreechen. Et war jo emol eng Kéier vu 75-80 % rieds gaangen. Elo geet éischter rieds vun 80-85 %. Mee och do, dat sinn Zuelen, déi och elo erëm am Raum stinn an a Fro gestallt ginn. Dänemark hat dat erreecht, esou wéi aner Länner och, mee och do hunn erëm misse Mesuren ergraff ginn, well d'Infektiounen erëm an d'Luucht gaange sinn.

Mee och do erënnere mer drun, dass u sech Dänemark dee Modell war. Et war dee Modell, deen dem viregte Gesetz zugronn louch. Wat ännert den Echec vun deem Modell en eiser Politik? Abee, wéi et schéngt, net vill, well déi Linn gëtt weiderge-fouert a se gëtt verdéift.

Et schéngt eng Course géint Zäit ze sinn, wou einfach vill Facteuren eis echappéieren. Dat hei Gesetz da bleift an der Kontinuitéit, ech hunn et gesot, vun deem ale Gesetz an dréint d'Schrauwen nach eng Kéier zou. Déi grouss Ännerunge sinn, dass elo den 3G - et ass scho gesot ginn - obligatoresch op der Aarbechtsplaz gëtt an datt alles, wat an der Fräizäit ass, deenen ouni Impfpass an ouni Geneesenepass virenthale gëtt.

D'Logik ass nach ëmmer déi selwecht fir eis: Drock erhéijen, och dat gëtt gesot, fir dass déi, déi net geimpft sinn, sech impfe looszen. D'Begrënnung ass, dass et keng Alternativ gëtt. Dat gouf vun der Santéministesch och schonn esou gesot. Mir bleiwen an der Logik vun der Bestrofung, eng At-titüd, déi ech och scho beim leschte Gesetz denoncéiert hunn.

Erënnere mer eis drun, dass et virun allem drëms goung, deene Geimpften duerch de CovidCheck-Regimm och gewësse Fräiheeten erëmgéinn. Och dat gouf vu Regierungsvertrieder gesot. Dee Regimm an déi Approche gi weidergefuert a verstärkt duerch d'Obligation vum CovidCheck-Regimm, vun 3G op der Aarbecht an dem 2G an der Fräizäit an am Horesca.

Begrëssen dinn ech awer, an dat soen ech och ganz kloer, dass déi sozial Restauranten an d'Schoulkan-tinnen net heidrënner falen. Et muss ee jo och soen, wat een da vu punktueller Saache begréisst a gutt fënn.

Wat mech awer elo staark wonnert: Spéitstens säit deem leschte Gesetz weess all Mënsch, dass déi Geimpften an déi Geneesen de Virus kënne weider-ginn an deemo den 3G an den 2G falsch Sécherheete sinn. Dofir hu mir och hei am Sall d'Re-commandatioun erausginn, dass mer d'Maske sol-len undinn, obwuel mer am CovidCheck-Regimm sinn. An dat ass och richteg esou. Och d'Weltge-sondheetsorganisatioun recommandéiert den 3G respektiv den 2G net ouni Begleetmoosnamen, also ouni Masken an Tester. Dës sollen en place bleiwen. Firwat vermëttelt mer dann iwwert dëst Gesetz weider dës falsch Sécherheeten?

Mat deem heite Gesetz gëtt och d'Dauer vun den Tester verkierzt - ech ginn elo net op d'Detailer an, Dir wësst et -, sou dass et sech scho bal net méi lount, sech testen ze looszen. D'wëssenschaftlech Begrënnung awer vun dëser Entscheidung ass rela-tiv schwaach.

Et gëtt och e véierten Zertifikat agefouert, an zwar dee vun der „contre-indication à la vaccination“. Do soll dann och eng Lëscht komme vu Contre-indica-tiounen, fir déi sech de Santédirekter am Ausland soll inspiréiert hunn. Des Weidere sollen dës Leit eng illimitéiert Unzuel vun Tester gratis kréien. Wéi och schonn an der Santékommissioun ugeschwat, appelléiere mir un d'Regierung, dës Mënschen - an dat ass och elo schonn haut gesot ginn -, déi schonn duerch hir medezinesch Konditioun beno-deelegt sinn, schnellstméiglech dësen Zertifikat ze erstellen, fir dass och si rëm normal um al-deeg-leche Liewe kënnen deelhuele.

D'Mënscherechtskommissioun fuerdert och, dass dës Leit solle kënnen e flexibelen Accès zu Test-méiglechkeete kréien, well dës Ofhängegkeet vun Tester, vun Testméiglechkeete wäert si an hirem Alldag bestëmmen.

Hei gi Moosnname proposéiert, déi immens wäit an de Mënschen hiren Alldag agräifen. De Staatsrot seet jo a sengem Avis, dass dës Mesuren net dis-proportionéiert wieren. Mee ech muss lech éierlech soen, dass dësen Avis mech stutzeg mécht. Ech hat beim leschte Vott den Avis vun dem franséische Staatsrot zitéiert, well deen de Problem menger Meenung no op de Punkt bréngt. An ech widerhuele en hei, well en ëmmer nach esou richteg ass: « pour “chacune des activités pour lesquelles il est envisagé”, la nécessité du pass sanitaire doit être justifiée “par l’intérêt spécifique de la mesure pour limiter la propagation de l’épidémie [...] et non par un objectif qui consisterait à inciter les personnes concernées à se faire vacciner.” »

Dat gëllt och hei esou. D'Iddi dohannert ass weesentlech: D'Mesurë mussen net just propor-tional zur Gravitéit vun der allgemenger Situatioun, an där mer sinn, sinn, mee proportional zu der Wier-kung, déi se potenziell entfale kënnen, fir de Pro-blem ze léisen.

Och d'Mënscherechtskommissioun mécht eis an hirem Avis op déi néideg Verhältnisméissegkeet opmierksam. Si schreift, dass dat heite Gesetz e « renforcement important des mesures » virgesäit, a weider: « ce qui implique des exigences renfor-cées de justification ». Domadder stellt sech also d'Fro vun der Exigenz, dës Moosnamen ëmsou méi staark ze justifiéieren, well dës Moosnname jo verdéift ginn.

Des Weidere sollen dës Justifikatiounen kloer op enger solider wëssenschaftlecher Basis, wéi si soen, fouszen an d'Justifikatioun soll beweisen, dass dës proposéiert Moosnamen déi mannst oprénglech Moosnname sinn. A weider ass d'CCDH besuergt, dass dës duebel Exigenz no Justifikatioun an no Ver-hältisméissegkeet net soignéiert gëtt, wéi si soen.

Et bleift, dass dës Moosnamen dozou féieren, dass Zéngtausende Mënschen net méi kënnen um kulturelle Liewen, u Sportsaktivitéiten a soss um Fräizäitliewen deelhuele. Mir legaliséieren domad-der eng Diskriminatioun op Basis vum Impfstatus, obwuel mer zu Lëtzebuerg eigentlech keng Impf-pflicht hunn - et ass elo just ugeklongen -, mee dat hei ass eigentlech de facto eng indirekt Impfpflicht.

Dobäi kënnt, dass dës Moosnname riskéieren, d'so-zial Ongläicheeten ze verschäerfen. Mir kënnen net ignoréieren, dass et e Grupp vu Mënsche gëtt, dee sech net wëll impfe looszen a sech eventuell och mat dëse Mesuren net wäert impfe looszen. An innerhalb vun dësem Grupp wäerten dës Mesuren e staarke sozialen Impakt hunn. Déi Leit, déi méi e kleng Budget hunn, wäerten dës Mesuren definitiv méi spiere wéi déi mat engem décke Portmonni. D'Tester, déi si reegelméisseg mussen bezuelen, fir op d'Aarbecht ze goen, rechne sech bis zu 600 bis 700 Euro de Mount.

Dobäi kënnt, dass an der Fonction publique dräi- bis véiermol d'Woch vun doheem geschafft ka ginn, wat mir begrëssen, well och dat ass eng Protek-tionsmoosnam. Och dat soen ech ganz kloer. Déi Leit mussen keng Tester bezuelen, well den Teletra-vail fält jo net ënnert de CovidCheck-Regimm. Déi awer, déi grad a méi prekären Aarbechtsverhältnis-ser mat kleng Léin sinn, sinn déi, déi zum Beispill och Servicer à la personne verrichten a soumat net

an den Teletravail kënne goen an noutgedronge Kontakt mat Leit hunn, wou se sech ustieche kë-nen. An och grad si sinn dann eebe méi exposéiert, kënnen och net vun doheem schaffen, mussen also méi fir Tester bezuelen. Si sinn also duebel- oder dräifach bestrooft.

Et ass dann och dem OGB-L no nach ëmmer net kloer, wien d'Tester wäert bezuelen. Dofir war ech och elo verwonnert, virdrun ze héiere vum Minister, dass d'Gewerkschaften „op den Zuch gespronge sinn“, wéi virdru gesot gouf, well ech hunn aus hirem Avis oder aus hirer Kommunikatioun erausge-lies, dass si net esou begeeschtert ware vum Fait, dass d'Tester eventuell misste vun de Salariéë bezuelt ginn. Fir si war et op jidde Fall anscheinend net kloer, wien dës Tester misst bezuelen.

Mee et kann een awer staark dovunner ausgoen, dass de Salarié wäert mussen dofir opkommen, well wann een dem Patronat nolauschtert, wäerte si net dofir opkommen. Dat schéngt fir si zumin-dest kloer ze sinn.

Mir mengen awer, dass et den Employeur misst sinn, dee finanziell fir dës Tester opkënn, well dee fir d'Santé op der Aarbecht verantwortlech ass. Den OGB-L an och d'CSL proposéieren, zumindest fir déi Leit mat kleng Revenuen, bis zu 2,5-mol de Mindestloun, d'Käschte vun dësen Tester ze iwwer-huele.

Déi Betriber hei, besonnesch kleng Betriber, déi fi-nanziell Schwieregkeete kënne kréien, sollten eiser Meenung no eng finanziell Hëllef vum Staat kréien. An dozou reechen ech dann och eng Motioun an. Wannechgelift.

#### Motion 2

*La Chambre des Députés,*

*- considérant l'introduction obligatoire prévue du CovidCheck 3G dans le monde du travail ;*

*- considérant que le CovidCheck 3G est un élément indispensable pour protéger la santé de tous les sa-lariés, agents publics et travailleurs indépendants sur le lieu de travail ;*

*- considérant que les tests certifiés PCR ou antigé-niques peuvent représenter des coûts importants pour les salariés moins bien situés ou défavorisés et leurs familles ;*

*- considérant que les salariés qui fournissent des services à la personne indispensables au fonction-nement de la société ou qui font un travail manuel n'ont pas la faculté de recourir au télétravail ;*

*- considérant que l'obligation de se faire tester gé-nère une différence de traitement injustifiée entre les salariés des différents secteurs ;*

*- saluant que la non-présentation d'un certificat va-lable par le salarié ne constitue en aucun cas un mo-tif de licenciement ou de sanctions disciplinaires ;*

*- considérant que l'employeur est obligé d'assurer la sécurité et la santé de l'ensemble de ses salariés ;*

*- admettant que le coût pour les tests ne pourra pas être intégralement pris en charge par tous les em-ployeurs, notamment les petites et moyennes entre-prises ou les associations ;*

*- considérant que le gouvernement a mis en place et prolongé certaines aides aux entreprises dans le contexte de la lutte contre la pandémie de la SARS-CoV-2,*

*invite le Gouvernement*

*- à préciser dans la loi que les employeurs doivent prendre en charge les frais des tests suite à l'intro-duction obligatoire du CovidCheck 3G dans le monde du travail ;*

*- à créer une base légale pour une aide à accorder dans ce contexte aux employeurs qui rencontrent des difficultés à financer les tests.*

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Merci.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk).- Mir sinn der Meenung, dass een hätt misse vill méi och op Geste-barrière wéi Masken, Testen, Distanz an och manner Kontakter setzen. Dës Moosnname kom-men awer eiser Meenung no vill ze kuerz an dësem Gesetz, well alles oder bal alles op de CovidCheck-Regimm gesat gëtt. Et ass e Choix, dës net méi prioritär an d'Gesetz afléissen ze looszen, well alles, oder bal alles, op de CovidCheck gesat gëtt, well et drëms geet, wéi ech scho sot, den Drock ze erhéijen, fir dass d'Leit sech impfe looszen.

Jo, mir si fir d'Impfen a jo, mir gesinn d'Impfen als Léisung. An ech sinn och frou, wann den Impftaux an d'Luucht geet. D'Impfen ass dat, wat mer elo bei Hand hunn. Jo, et wierkt, zumindest kuerzfristeg. Dat wësse mer. An dat ass och fir mech, dat soen ech ganz éierlech, Grond genuch, sech impfen ze looszen, och wann een net gewuss, wéi laang et gutt ass, respektiv ab wéini et ofhëlt.

*(Interruption par la présidence)*

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Dir musst zum Schluss kommen, Madamm Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk).- Jo, mee ech hat jo, ech hu Motiounen.

*(Hilarité)*

Jo, souwäit ech weess, huet ee fënnef Minutte méi fir d'Motiounen, zwou an eng hallef.

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Nee.

■ **Une voix**.- Awer eréischt, wa se dru kommen.

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Wa se dru kommen, Madamm Oberweis, an da sinn et fir lech 2,5 Minutten. Dat steet am Reglement an Dir hutt dat och esou virunn lech leien.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk).- Ech hunn eng ofginn, et kommen der nach zwou. Zwou an eng hallef Minutt, meng Sekonne lafen nach weider an där Zäit, wou mer hei schwätzen. An der Rei.

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Also kommt zum Schluss, wannechgelift!

■ **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk).- An der Rei. Ech sot et schonn: d'Impfe virubrénge, mee net mat finanziellem Drock. Mir hu scho proposéiert, dass d'Regierung sollt analyséieren, wat d'Ursaa-che si vun deenen, déi sech net impfe looszen. Aus esou enger Analys kéint dann ervirgoen, wéi eng Gruppe Leit dat sinn, an et kéint ee geziilt op se duergoen, wéi zum Beispill och zu Bremen, wou et effektiv eng lénk Gesondheetsministerin, Ge-sondheetssenatorin ass, déi dës Campagne, vun där scho rieds war, gemaach huet.

Och misst d'Regierung hir Kommunikatioun iwwer-schaffen. Ech reechen dofir och hei eng Motioun an, fir d'Regierung opzefuerderen, eng Campagne auszeschaffen, fir méi geziilt op d'Mënschen duer-an och op si anzegoen an an hirer linguistescher a kultureller Sprooch op Aenhéicht mat hinnen ze schwätzen.

#### Motion 3

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le vaccin est le moyen le plus effi-cace pour prévenir de nouvelles vagues d'infec-tions ;*

*- considérant les efforts investis récemment dans la communication visuelle dans l'espace public et la multiplication des dispositifs de vaccination mo-biles et de proximité en vue de favoriser la participa-tion au programme de vaccination de la population réticente ;*

*- considérant que malgré ces efforts, certains pans de la population n'ont pas accès aux informations de base concernant les possibilités de vaccination qui leur sont offertes, ni aux informations scientifi-quement et médicalement prouvées autour des vac-cins dont dispose la Direction de la Santé ;*

*- considérant qu'un des problèmes d'accès aux in-formations susmentionnées relève de barrières lin-guistiques et sociales dans la mesure où les sup-ports communicationnels du gouvernement ainsi que les médias ne s'adressent pas à toutes les com-munautés linguistiques et d'immigré.e.s présentes sur le territoire luxembourgeois ;*

*- considérant la nécessité de concevoir les informa-tions en question dans un langage simplifié pour s'adresser au plus grand nombre de personnes indé-pendamment de leurs origines nationales ;*

*- considérant que la mise à disposition des informa-tions en question au plus grand nombre nécessite un travail de grande envergure,*

*invite le Gouvernement*

*- à mettre en place un programme de coopération avec les communes dans l'objectif d'atteindre et d'informer les communautés en question en allant directement à leur rencontre ;*

*- à impliquer dans l'élaboration de ce programme de coopération à la fois les services municipaux et les acteurs locaux de la société civile travaillant au contact direct de la population ainsi que les béné-voles des associations fortement impliquées dans la vie sociale et culturelle locale ;*

*- à prévoir davantage de supports communica-tionnels conçus dans un langage simplifié.*

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

An enger weiderer Motioun froe mir d'Regierung, dass se e Plan de gestion kéint etabléieren, fir d'Pandemie ze bekämpfen a fir dass mer méi Previ-sibilitéit a méi Transparenz schafen. Effektiv kéint esou e Plang hëllefen, méi einfach ze plangen an och méi kloer ze kommunizéieren.

#### Motion 4

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le Luxembourg est actuellement touché par une nouvelle vague d'infections dans le cadre de la pandémie de la Covid-19 ;*

*- considérant que malgré les efforts au niveau inter-national de la recherche scientifique pour suivre l'évolution de la pandémie depuis ses débuts, l'appar-ition de nouveaux variants est imprévisible ;*





- *considérant que depuis le début de la pandémie, un ensemble de mesures sanitaires (port du masque, hygiène des mains, distanciation physique) est toujours réglementaire dans certains domaines de la vie publique et du monde du travail* ;

- *considérant que le gouvernement a dans le sillage des différentes vagues d'infections développé une série de scénarios de limitation des risques épidémiologiques, afin de mettre en place plus rapidement les adaptations organisationnelles nécessaires dans les hôpitaux, écoles, transports, administrations, entreprises etc.* ;

- *considérant les expériences passées de la gestion de crise sanitaire et les concertations entre pays ayant lieu aux niveaux mondial et surtout de l'Union européenne afin de développer autant que possible des plans harmonisés de gestion sanitaire de la pandémie* ;

- *considérant qu'un plan de gestion sanitaire impliquant différentes phases a déjà été mis à l'épreuve dans les hôpitaux publics,*

invite le Gouvernement

- *à effectuer une évaluation des scénarios développés et mesures sanitaires mis en place jusqu'à présent dans le cadre de la gestion sanitaire de la pandémie* ;

- *à définir sur base des expériences passées et de ces évaluations, un plan provisoire de gestion sanitaire comprenant différentes phases (Stufenplan) et qui concerne la vie sociale dans son ensemble (monde du travail, espace des loisirs, monde scolaire, espace public et vie privée).*

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

Dofir appelléieren ech och kloer virun allem un déi eeler a vulnerabel Matmënschen, déi net geimpft sinn, dat ze envisagéieren a mat hirem Dokter dorwwer ze schwätzen. Ech appelléieren awer och gären un Elteren, déi hir Kanner net wëllen teste loossen, well testen hëlleft awer, de Virus ze gesinn, en ze beobachten an ze kontrolléieren. An ech mengen, dat deet net wéi oder op jidde Fall net vill wéi.

Wat d'Impfen ugeet, widderhuelen ech och hei ...

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Madamm Oberweis, wannechgelift, Dir musst zum Schluss kommen.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- Ech hunn eng Rei Sekonnen ... Bon, okay, ech kommen zum Schluss.

(*Interruption*)

Et ass an der Rei, bon. Mir müssen d'Impfe virubringen, mir sinn averstanen. Mee nach ëmmer sinn ech der Meinung, dass déi punitiv Logik, an där mer hei sinn, net déi richtig ass, mee mir sollen op Aenhéicht mat de Leit doriwwer schwätzen. Mir wäerte bei dësem Gesetz dann och dergéint stëmmen, a merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Merci, Madamm Oberweis. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorable Sven Clement.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi steigend Infektionszuelen an elo och nach d'Ongevëscheet mat der neier Virusvariant hunn d'Regierung dozou beweegt, dës Gesetzesproposé virzeleeën, mat där d'Covidrestriktionen nees staark verschäerft ginn, an dat besonnesch op der Aarbechtsplaz.

Dat ass vun der Effentlecheet net onkommentéiert gelooss ginn, a kee Covidgesetz zu Lëtzebuerg huet bis elo an der Bevëlkerung esou staark Reaktiounen ervirgerufft wéi dës. A mir hu jo och nach d'Biller vun deene leschte Weekender am Kapp. Dozou muss ee ganz kloer nach eemol soen, datt et absolut legitim ass, d'Politik ze kritiséieren a vu senger Meinungsfreiheet Gebrauch ze maachen, mee datt et och absolut inakzeptabel ass, gewalttätig ze ginn, Mënschen ze bedroen oder ëmmer nees deplacéiert an illegal Vergläicher mat Judderverfolgung ze maachen, déi den Holocaust verharmlosen.

D'Aarbechten un dësem Text waren also net einfach. D'sanitär Situatioun setzt eis all ënner Drock, effentlech Drounge si lues a lues zum Alldag ginn an och d'Aarbechten um Text selwer hu sech als laang a schwéierwiereg erweisen.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

Et war e Projet, dee laang Zäit gebraucht huet, an e Projet, deen elo zu engem Gesetz gehéiert, wat no deene ville Verännerungen, déi et méttlerweil scho matgemaach huet, alles aneres wéi nach méi iwwersiichtlech ass.

Dofir soen ech natierlech als Éischt emol dem Rapporteur Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport, dee probéiert, e bësse Licht an den Niwwel ze bréngen, well jiddwereen, dee sech méi am Detail mat dëser Gesetzesproposé auserneegesat huet, weess, datt se mat all den Amendementer, de Pas-sagen, déi gestrach goufen an nees dobäigesat goufen, alles anescht wéi einfach ze liese war.

Mam neie Gesetz soll et nei Mesurë gi fir d'Restauratioun, fir d'Aarbechtsplaz, fir d'Spideeler, fir d'Altersheemer, fir d'Fräizäitaktivitéiten a generell fir d'Rassemblementer. An da gëtt et an all deene Kategorien ëmmer nach Ënnerscheeder tëschent den Alterskategorien, der Unzuel vu Persounen, déi deelhuele, an et bleiwen natierlech och nach eng ganz Rei Mesuren en place, déi net änneren, mee weider Bestand hunn. Dat ass esou lues net méi iwwersiichtlech an haaptsächlech net méi ganz einfach ze verhalen.

Ech muss ganz éierlech zouginn, ech sinn an deene vergaangenen Deeg méi oft gefrot ginn, wéi eng Reegel fir wéi eng Situatioun dann elo géif gëllen. An obwuel ech vill un dësem Text an der Kommissioun geschafft hunn, wouost ech d'Äntwert net ëmmer auswenneg an hunn ëmmer nees missen e Bléck op d'Texter, déi dann och permanent evoluéiert hunn, werfen. Mee wann et eis als Deputéierten, déi vill Zäit an d'Lektür vun deenen Texter investéieren, scho schwéierfällt, fir all eenzel Reegelung ze verhalen, kann ee sech kaum erwaarden, datt et fir d'Biergerinnen an d'Bierger dobaussen anescht wier. Dat ass keng glécklech Situatioun.

D'Gesetzer solle vun de Leit gelies a verstane kënne ginn. An duerfir musse mer eis iwwerleeën, wéi mer dësen Text an Zukunft nees méi biergerno, méi einfach verständlech gestalte kënne. An ech weess, datt et net einfach ass, mir hunn et an der Kommissioun probéiert a mir hunn et net gepackt. Do ass d'Chamber mindestens esou responsabel dru wéi d'Regierung.

En attendant hu mer awer eng kleng Tabell opgestallt, déi dobäi hëllef soll, méi einfach ze erkennen, fir wéi eng Aktivitéiten a Servicer wéi eng Reegle gëllen.

(**M. Sven Clement montre une documentation.**)

An Dir gesitt, se ass net wierklech kleng! Et gëtt eng ganz Hellewull, eng Hickecht vu Fäll, déi ënnerschiddlech sinn. A fir datt da vläicht déi Deputéiert, déi net an der Santéskommissioun waren, e kleng Rappeel hunn, Här President, ginn ech lech déi, da kënnt Der déi un d'Deputéiert verdeelen. Mir Piraten setzen net esou vill op Copyright, et si Creative Commons: Jiddwereen, deen et wëll, kann se gäre benotzen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Hutt Der et kontrolléiere gelooss?

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Här Di Bartolomeo, Dir kënnt et gäre kontrolléieren. A falls mer e Feeler hunn, verbessere mer en direkt.

(*Hilarité*)

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ee Virdeel huet et: Wa mir eppes verbessere müssen, musse mer net bei de Staatsrot goen, fir et kënne ze änneren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt mir als Piraten dësen lwwerbléck erstallt hunn, soll awer net heeschen, datt mer mat all dëse Mesuren och averstane sinn. Nee, dat ass sécherlech net de Fall.

Mir hunn déi lescht Ännerung vum Covidgesetz net matgestëmmt, well mer eis kloer géint ee Pay-to-work-System ausschwätzen. An aus deem selwechte Grond - ech mengen, dat ass deen éischte Grond -, wäerte mer och dësen Text net matstëmmen. Mee ganz genee wéi d'lescht Joer ëm dës Zäit muss ech och nees soen, datt d'Situatioun dobaussen eescht ass a mir an enger Demokratie liewen, wou een déi Gesetzer muss unhuelen, déi d'Majoritéit stëmmt. Och wa mer dës Fassung vum Gesetz also net ënnerstëtzen, esou wësse mer awer, wéi wichteg et ass, datt e Covidgesetz do ass. An dofir wëlle mer de Leit hëllefen, den lwwerbléck ze halen, fir sech an hir Frënn a Famill duerch dës sanitär Mesuren ze schützen. Besser wéi keng Mesuren, sinn dës Mesuren op alle Fall.

Mee dat bedeit natierlech net, datt mer net awer Kriticken a Fuerderungen hunn. Ech sot et schoonn: E Pay-to-work-System ass inakzeptabel, well en net sozial gerecht ass. Den Drock, deen op Persounen mat gerénge Salairë gemaach gëtt, ass vill méi héich wéi deen, dee Persounen mat héije Salairen erliewen. Dat ass keng sozial Gerechtegkeet.

Gläichzäiteg ass den 3G-System op der Aarbechtsplaz, grad wann et ëm Independantë geet, net ze kontrolléieren. A wann et ëm Persounen geet, déi wiesselnd Aarbechtsplazen hunn, ass d'Gesetz och nach guer net kloer. Dem Gesetz no ass et enger Persoun, déi d'3G-Krittären net erfüllt, net erlaabt, hire Lieu de travail ze betrieden. Mee wat ass da mat Handwierker oder och zum Beispill Sozialaarbechter, déi de Gros vun hirer Aarbechtszäit net op hirem offizielle Lieu de travail verbréngen, mee bei anere Persounen doheim? Däerfe si ouni Covidzertifikat net op hirem offizielle Lieu de travail schaffen, mee awer ënnerwee sinn an op anere Plaze schaffen? A wat ass mat de Kontrollen?

Däerf eng Privatpersoun eng Handwierkerin bieden, hir e Covidzertifikat ze weisen, éier se an d'Haus eran dierf? Oder dierf esou eng Kontroll just de Patron maachen, deen dann all seng Employéë moies misst zesummeruffen, fir d'Kontroll ze maachen, éier d'Aarbechterinnen an d'Aarbechter

kënne op hir Rendez-vousen fieren? A wat ass mat den Independanten, déi net geimpft sinn an dat och net maache wëllen, an dofir zum Beispill hiet Geschäft just nach iwwert den Online-Handel lafe loossen? Wann zum Beispill hiet Lager oder hire Büro hire Lieu de travail ass, wa se ganz eleng schaffen? D'Äntwert dorobber war an der Kommissioun: „Majo, mir wëssen, dat ass komplizéiert. Da müssen d'Gerichter entscheiden.“

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kann et net akzeptéieren, datt mer hei an der Chamber e Gesetz stëmmen, wou mer elo scho wëssen, datt et Fäll gëtt, wou mer keng kloer Jo- oder Neen-Äntwert ginn a wou mer soen: „D'Gerichter maachen d'Aarbecht vum Legislatuer.“

Dat ass u sech e Problem, well mir als Legislatuer müssen do och eis Responsabilitéit huelen an dann esou legiferéieren, datt et kloer ass.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Iwwert den entscheedende Punkt vun der sozialer Ongerechtegkeet eraus, gëtt et also nach eng ganz Rei Onge-reimtheete beim CovidCheck op der Aarbechtsplaz, déi eis dovun ofhalen, de virleienden Text haut kënne matzestëmmen.

Et ass iwwregens och schwéier, méindes moies en zertifizéierten Test ze hunn, voire onméiglech, wann een héiert, datt verschidden Apdikten eréischt um hallwer zéng moies mat den Tester ufänken, e weidere Problem, deen och d'CSL an hirem Avis ugeschwat huet.

Wat d'Upassung fir de Fräizäitberäich ugeet, also d'2G-Reegel, si mer prinzipiell net dogéint. Aus sanitäre Grënn kann een dat erklären a verrieden, mee mir sinn der Meinung, datt en 3G+- oder en 2G+-System e Plus u Sécherheet fir jidderee gewiescht wier. Grad an Zäiten, an deene jidderee sech online e vrai-faux Certificat kafe kann, muss een einfach nach méi vorsiichteg sinn. An duerfir begrësse mer natierlech och déi zousätzlech Tester fir d'Personal aus dem Santé- a Fleegeesecteur a fir d'Visiteuren a Spideeler.

E verstärkt Teste vun Netgeimpften, genee wéi vu Geimpften, bitt eng wichteg zousätzlech Sécherheet, och wann d'Impfung am Kampf géint de Virus natierlech eis wichtigst Waff bleift. Dofir ënnerstëtze mer och all Initiativ vun der Regierung, fir d'Impfe méi attraktiv ze maachen, méi einfach ze maachen. Ech hunn et hei op der Plaz schoonn eng kéier gesot: Et muss esou einfach sinn, sech impfen ze loosse wéi e BigMac ze kafen. An ech mengen, datt mer dat mat de Pop-up-Impfzentren erreecht hunn. Et gëtt keng Excuse méi fir ze soen: Ech hunn awer keen Impfzenter fonnt. Ech hunn de Wee net dohinner fonnt. Ech hunn d'Zäit duerfir net fonnt. Et ass elo esou einfach an ech begrësse wierklech déi Initiative vun der Regierung.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hu sécher net d'Zäit, fir op all Punkten anzegoen, zum Beispill och net op dem Minister Delles seng ganz Projeten, déi en elo verlängere léisst, retroaktiv deelweis, wou ech virun dräi Méint schoonn eng kéier hei stoung a gesot hunn, e soll se bis un d'Enn vum Joer lafe loossen. Déi ginn dann elo retroaktiv bis un d'Enn vum Joer gemaach. Am Januar hu mer dann Zäit, fir nach eng kéier am Detail drop zrëckzekommen, firwat mer dat dann net scho viru sechs Méint gemaach hunn. Mee, bref.

Mee komme mer nach op ee Punkt, nämlech dee vun de Kanner a Jugendlechen. Jugendlecher ab 16 Joer solle sech mat dësem Gesetz och ouni d'Averständnis vun hiren Elteren impfe kënne. A fir Kanner tëscht 12 a 15 Joer soll d'Averständnis vu just engem Elterendeel duergoen.

Mir Piraten sinn der Meinung, datt Jonker ab 16 capabel sinn, dee Choix ze treffen. Mir ënnerstëtzen duerfir déi Initiativ. Mir gi just ze bedenken, datt et och do kann zu Situatiounen am familiären Ëmfeld féieren, déi méi wéi nëmme komplizéiert sinn.

A ganz speziell gëtt et da bei deene Jonken ënner 16 Joer, wou vläicht deen een Elterendeel se dozou bréngt, datt se sech herno fillen, wéi wa se deen aneren Elterendeel verroden hätten. Mir müssen do ganz gutt oppassen, datt dat hei eebe grad net zu nach méi Spaltung, zu nach méi sozialen, psychologeschen an och familiäre Problemer féiert.

Ech sinn der Meinung, datt d'Impfung sénnvoll ass, datt se nätzlech ass an datt et de Wee aus der Kris eraus ass, egal wéi oft mer se musse maachen, egal wéi en Impfstoff mer nach brauchen. An ech hoffe wierklech, datt déi meescht Leit se wäerten an Usproch huelen. Mee mir däerfen awer och net aus dem Bléck verléieren, wat d'Konsequenze kënne sinn.

An da stellt sech d'Fro: Müssen hei d'Kanner wierklech méi responsabel si wéi déi Erwuessen a sech impfen, fir si ze schützen, an dat just, well verschidden Erwuessener et selwer einfach net hikréien, sech besser ze protegéieren duerch eng eegen Impfung? Dat ass dach wierklech traureg. Sech selwer net ze impfen an awer vum Impfschutz vun deenen aneren an, jo, souguer vu Kanner ze profi-

féieren, dat ass einfach onsolidaresch. An ech schwätzen hei natierlech net vun deene Leit, déi sech aus medezinnesche Grënn net impfe kënne, déi jo hei och nei Facilitéite kruten. Mee all déi aner, déi sech impfe kéinten, mee et net maachen an dann awer jäizen, d'Pandemie géif eise Kanner schueden, déi kann ech net verstoen. Wann een der Meinung ass, datt dës Pandemie de Kanner schuet, ma da soll e kucken, datt se esou séier wéi méiglech eriwuer ass. An dat geet eeben am beschten iwwert d'Impfung, an zwar duerch déi eegen Impfung.

■ **Une voix**.- Ganz gutt!

■ **Une autre voix**.- Très bien!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir wäerten dësen Text trotzdem, wéi gesot, net matstëmmen. Mir sinn net mat allem, wat hei steet, averstanen a ginn dësem Projet duerfir net eis Stëmm.

■ **Une voix**.- Gitt lech e Ruck!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Mee mir wäerten eis drun halen. An ech invitéieren och all d'Biergerinnen a Bierger, genee dat ze maachen. Well dat ass d'Aart a Weis, wéi eng Demokratie fonctionéiert.

Mir invitéiere jiddereen, solidaresch ze sinn, sech ze impfen, fir sech an déi aner ze schützen, an och mam CovidCheck nach weider senger Aarbecht nozekommen an net, wéi verschidden Deputéiert dat soten, ze streiken an d'Aarbechtskollege mat der zousätzlecher Aarbecht am Stach ze loossen. Mir kënne dës Kris nëmme gemeinsam packen, dat hunn och vill Leit an de leschten zwee Joer mat hirem Engagement gewisen.

Wa mer ophalen, géint de Virus ze kämpfen a just nach géinteneen, da wäerte mer verléieren. Mee zesummen hu mer eng Chance. Ech soen lech villmools Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. An dann huet den Här Mars Di Bartolomeo d'Wuert gefrot. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, merci, Här President. Just ganz kuerz, fir Merci ze soen enger ganzer Rei vu Leit, ënner anere-m de Kolleegen aus deene verschiddene Kommissiounen an och allen eenzelne Kolleegen aus der Santé- a Sportskommissioun. Dir hutt aktiv matgeschafft an iwwer annerhalft Joer ëmmer konstruktiv dozou bäigedroen, dass d'Prezisiounen an d'Texter komm sinn. An duerfir soen ech lech e ganz hærzleche Merci an ech stelle fest, dass, och wa mer haut keng Unanimitéit kréien, mer awer eng grouss Adhesioun hunn zu deenen Haaptmesuren. An ech mengen, dat ass e staarke Message no bausen.

Da wollt ech awer all deenen, déi an deene leschten zwou Wochen zesummege schafft hunn, Merci soen, well mer deen heite Projet just iwwert d'Bün bruecht hunn, well mer op d'Regierung an hir Beamte konnten zielen.

Mir haten an eise Kommissiounen net ëmmer nëmmen een, mee mir haten heiandsou eng hallef Dose Regierungsmemberen, déi ganz disponibel waren an eis och duerch d'Aarbechte gefouert hunn. Villmools merci. Merci och un déi Beamten, déi et an de leschte Stonne mat fäerdegbruecht hunn, dass deen Text hei iwwerhaapt erauskomm ass. Well dat war net evident, dat weess jiddwereen, deen dru matgeschafft huet.

Da wollt ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Staatsrot e ganz hærzleche Merci ze soen, well de Staatsrot och hei erëm eng kéier op de Felge gefuer ass an awer zäit- an zilgerecht seng Rapporten, Zousazrapporten a bal Zousazzousaz-rapporten, et hätt nach e Millimeter gefeelt, ofge-liwert huet. An, last but not least, där flotter, formidabler Ekip, déi bis an d'Nuetsstonnen era geschafft huet hei an dëser Chamber, alle virun d'Patricia Pommerell an de Laurent Besch. Hinne gehéiert eise Respekt. Mir hunn hei eng ganz performant Ekip. A selbstverständlech, Här President, lech och, well Dir an enger Rei vu Kommissiounen dobäi waart an dat ass, mengen ech, och fir eis wichteg gewiescht.

Entschëllegt, dass ech vun der Geleeënheet profitéiert hunn, fir dat nach lasszeginn. Et soll hei net de Message eriwuerkommen, dass Majoritéit an Opposition, wat de Fong ugeet, openee lassginn. Wat eis trennt, dat sinn Detailfroen, wichteg Detailfroen. Jo, ech schwätzen net vun engem Deel vun der Opposition. Do deelen eis Welten.

■ **Une voix**.- Richtig!

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci gesot, Här President.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Di Bartolomeo.

An elo huet d'Regierung d'Wuert, de Vizepremier, den Här Dan Kersch.





## Prises de position du Gouvernement

■ **M. Dan Kersch**, *Vice-Premier Ministre*.- Merci, Här President. A wann de Virriedner elo grad eng Rei Mercie lassginn ass, wëll ech dat natierlech och u seng Adress maachen. Ouni seng tatkräfteg Ënnerstützung wär et och net zu dësem Gesetz komm.

An ech wëlt dat widderhuelen, wat en elo grad ugeschwat huet: Déi iwwerwältegend Majoritéit vun dëser Chamber, an dat muss een no dëser Debatt feststellen, dréit déi grouss Prinzippie vun dësem Gesetz mat. 2G fir de Fräizäitberäich, 3G op der Aarbecht, Contrôlë vun der Identitéit, fir der Fraude beim Covid-Check entgéintzewierken, Exceptiounen fir Leit, déi sech aus medezinnesche Grënn net kënnen impfe loossen, an och den Ok, fir Lëschten ze maachen op den Aarbechtsplazen, an de Sportsveräiner, an de Kulturveranstaltungen, fir eeben d’Kontroll ze erliichten.

Ech géif esouguer bäifügen, ouni dass dat elo hei expressement gesot ass, dass och en Accord do ass, dass an den Apdikte ka geimpft ginn, an dass och en Accord do ass fir eng Reduktioun vun der Durée de validité vun de PCR- an de Schnelltester. Ech verstinn, dass aus politesche Grënn deen een oder aneren net kann iwwer säi Schied springen an dësem Gesetz net vorbehaltlos kann zustëmmen. Wichteg ass awer, an dat wëll ech hei eng Kéier ënnersträichen, dass eng grouss Akzeptanz do ass fir d’Regierungsvirschléi an dass mer virun allem ee gemeinsaamt Zil hei verfolgegen: dat ass, den Impftaux an d’Luucht ze kréien an eist Land besser vis-à-vis vum Virus ze schützen.

Mir decidéieren haut warscheinlech iwwert déi lescht Chance, fir Schlëmmeres ze verhënneren. Och dat ass haut hei ugeklongen: d’Aféiere vun der Impfflicht, déi keen, kee sech wënscht an déi ënner Ëmstänn méi Problemer schafft wéi se der léist. Mir decidéieren driwwer, fir ze verhënneren, dass mer zréckfalen an e Lockdown kréien, wat eng Katastroph wär fir eis Economie an och fir d’Sozialkohäsion hei an eisem Land. Dat wësse mer alleguer.

Et sinn eng Rei vu berechtigte Froe gestallt ginn, dat soll een hei net verstoppen, an déi sinn zum Deel jo och an der Kommissioun scho ugeschwat ginn. Et ass e bësse schued, dass aus deenen Detailfroen eraus d’Decisioun bei deem engen oder anere komm ass, fir dësem Gesetz net zouzestëmmen. An trotzdem probéieren ech esou gutt wéi méiglech, op eng Rei vun deene Froen ze äntweren.

Mer hate scho kuerz d’Geleeënheet, iwwert d’Notifikationspflicht bei de Privatfester ze schwätzen. Mir sinn eis eens, dass dat och scho bestanen huet a mir sinn der Meenung, dass et e falscht Zeeche gewiescht wär, genau zu dësem Moment, wou mer den 2G fir d’Privatfester aféieren, elo d’Signal ze ginn, dass ee sech net bräicht ze notifiéieren. An ech mengen, dass d’Gesondheitsministesch herno de genaue Chiffer huet vun de Leit, déi et bis haut scho gemaach hunn. Dat wär e falscht Zeeche gewiescht, well et géif insenuéieren, et wier jo awer net esou eescht gemengt mam 2G op de Privatfester.

Wat d’Lëschten ugeet, fir de CovidCheck ze vereinfachen: Jo de Problem ass effektiv bekannt. Mir wëssen dat, dass mer e Problem hunn, dass mer net genau d’Durée wësse vun der Gültgkeet vun engem QR-Code. Dat läit awer net un der Lëtzeburger Regierung, dat läit dorunner, dass mer keng europäesch Eenegung hunn. An de Premier huet net méi spéit wéi haut um Conseil zu Bréissel drop higewisen, dass mer drop drängen, endlech eng europäesch Léisung ze kréien, fir dass ee weess, wéi laang säi QR-Code gültg ass, nodeems ee geimpft ginn ass.

Den Accès zum Service public ass och ugeschwat ginn. Am Prinzip si mer eis och do eens, dass een dee soll erhalen. Ech mengen, dat ass och gutt esou. Och do ass et, mengen ech, awer kloer, dass mer eng Analogie zum Privatsektor hunn. Dat huet de Minister Hansen virdu scho gesot. De Beamte muss am 3G sinn an de Client, dee fonctionéiert esou, wéi et och am Privatsektor ass, dee muss dat dann eeben net hunn. An natierlech muss de Patron, ob dat elo de Staat ass oder d’Gemeng, alles maachen, fir de Beamten ze schützen. An duerfir gi jo och d’Aktivitéiten an de Guicheten net zréckgesat, esou wäit, wéi dat méiglech ass, an op där anerer Säit och all materiell Schutzvirstellung gesicht, déi iergendwou méiglech sinn.

Jo, mir wëssen, dass et e Problem ka gi vu Mëssbrauch vu Krankeschäiner. Ech schwätzen esou séier, well ech der Madamm Lenert och nach wëll e bëssen Zäit loossen. Jo, mir wëssen, dass et e Mëssbrauch vu Krankeschäiner riskéiert ze ginn. Mir wëssen awer och, dass mer keng Méiglechkeet hunn, dee Problem kuerzfristg ze behiemen. Mir hunn do e gewëssent Vertrauen an d’Dokteren, dass se wëssen, ëm wat et hei geet. Dat ass dat Eent. Dat Zweet ass, dass mer souwuel vum Minister vun der Sécurité sociale wéi och vum Minister vun der Fonction publique gesot kritt hunn, dass si hir jeeweileg Dokteren an de Contrôle médi-

cal ugewisen hunn, ze kucken, wann hinne Fäll opfalen, fir dass se déi och kontrolléiere ginn.

Op där anerer Säit wësse mer awer och aus der Erfahrung aus dem Ausland, dass et e Phenomeen ass, wat an deenen zwee, dräi éischten Deeg wäert oprieden, mee dass et sech awer net iwwer Wochen hinzitt, well et ganz wéineg Doktere gëtt, déi sech dozou hiräisse loossen, do falsch Krankeschäiner ausstellen.

Ech wëll nach ee Wuert zu de gratis Tester soen, fir dass do keng Verwirrung opkënn. Et gëtt en Accord tëschent Patronen, Regierung a Gewerkschaften, dass d’gratis Tester just fir déi Leit wäerte sinn, déi e Schratt op d’Gesellschaft zoumaachen, sech eemol impfe loossen - extra fir déi Leit ginn och zousätzlech Capacitéite mat Hëllef vun der Arméi geschaaft. Jo, et ass richtig, d’Gewerkschafte wäere gär méi wäit gaangen, mee do ass et keen Accord ginn tëschent deenen dräi Partner. An deem Accord, dee mer fonnt hunn, ass schlussendlech ee vun dräi Partner, deen och vun deenen dräi Partner gedroe gëtt.

Ech wëlt just nach vläicht mäi Wonsch ausdrécken, dass dat, wat den Här Clement hei gesot huet, dass dat eng Kéier Wirklechkeet gëtt, dass mer iwwerhaapt nëmme méi Gesetzter hei an der Chamber stëmmen, wou mer herno keng Gerichter méi brauchen. Leider ass d’Realitéit, an net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, eng ganz aner. Den 3G gëtt et net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, et gëtt en an der Tëschenzäit an der Praxis schonn a ganz ville Länner. En huet och do déi Problemer opgeworf, déi Dir hei zu Recht zitëiert hutt, mee en huet awer och do säin Zil erreecht, nämlech dozou bäizedroen, dass vill méi Leit sech impfe loossen. An dat ass och eist Zil.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Vizepremier Dan Kersch. An de Relais fir d’Regierung iwwerhëlt elo d’Madamm Gesondheitsministesch, d’Madamm Paulette Lenert.

(*Brouhaha*)

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Merci, Här President. Ech probéieren, mech dann och kuerzzefaassen. Fir vill Saache kann ech verweisen op Diskussiounen, déi mer schonn haten an der Chamberskommissioun.

Virun engem Joer - ech géif drun erënneren - ass hei no Fräiheet gefrot ginn, no Fräiheet fir d’Feierdeeg. Do hu mer driwwer geschwat, wéi vill Deeg Derogatioun zu Reegele mer sollen huelen oder net. Mir sinn deemools géint de Stroum geschwomm als Regierung an et huet sech erweisen, dass mer net esou Onrecht domadder haten. Mir kruten Onmenschlechkeet ënnerstallt, et sinn elli Wieder gefall, mee mir hunn op d’sanitär Absurditéit vum Argument higewisen. An d’Realitéit an deene Länner, déi do e bësselchen noginn hunn, déi e bësselche méi labber waren iwwert d’Feierdeeg, huet ons gewisen, dass et heiandso besser ass, virsichtg ze sinn an eeben net mam Stroum ze schwammen.

D’selwecht mat eiser Strategie, déi permanent adaptéiert ginn ass, awer ni an e féxe Plang agefloss ass. Och haut gëtt erëm no engem Plang gefrot. Ech mengen, quasi all Länner hunn entremps agesinn, no zwee Joer, dass e Plang wirklech net hält. Firwat? Den Här Wiseler huet et am Fong ugeschwat. Wann een eng kloer Visioun no vir gëtt an et muss een herno hannerrécks rudder, well et awer net op d’Realitéit passt, dat hunn d’Leit net gären. Dat war eis hei zu Lëtzebuerg relativ fréi bewosst. Mir hu ganz fréi ganz bewosst de Choix gemaach, mat Indicateuren ze fueren a flexibel ze sinn an hunn drop gezielt, dass d’Leit drop vertrauen, dass mer dat och maachen an zäitno déi richtig Decisiounen huelen.

Ech sinn haut ganz besonnesch frou, dass op alle Fall an dësem Raum kee Mënsch méi d’Pandemie a Fro stellt. Dat heescht, dat politescht Pamphlet, dat zirkuléiert ass an de leschte Wochen a bei deem ëmmer geschwat gëtt vum Pretext vun der Pandemie, ass gottseidank an dësem Haus widerluecht. Dës Pandemie ass kee Pretext, et ass eng Realitéit, et ass e Schicksalsschlag fir Lëtzebuerg a fir d’ganz Welt.

D’Verhältnisméissegkeet, doriwwer gëtt och vill geschwat. Et ass dat, wat mer ustriewen déi ganz Pandemie iwwer, fir wirklech net ze vill aschneidend ze si mat de Mesuren, déi mer huelen, fir ëmmer nëmmen dat ze maachen, wat muss sinn, an net méi.

Jo, mir spillen am Moment am Mëttelfeld. Wat d’Impftauxen ugeet, beweege mer eis iergendwou an der Moyenne vun der EU. Dat ass richtig, do leede mer net. Mee fairerweis muss een awer soen: Wann een dat kuckt, wat zielt, nämlech wéi d’Situatioun am Land ass, wéi d’Situatioun an de Spideeler ass, wéi d’Situatioun vun den Neiinfektiounen ass, da gesäit een, dass mer ganz gutt leien.

Kuckt eng Kéier ronderëm bei eis Nopeschlänner. Et ass gesot ginn. Kuckt, wéi et an der Belsch ass, a Frankräich, an Däitschland. Do sinn d’Hospitalisatiounen wäit méi héich wéi hei zu Lëtzebuerg. D’Neiinfektiounen si wäit méi héich, an dat och sou-

guer a Länner - an den Här Wiseler huet et virdrun ënnerstrach -, an deenen e ganz héijen Impftaux ass. Also maache mer sécherlech net alles falsch. An ech kann dorausser nëmme schléissen, dass d’Leit sécherlech matkréien, wat zielt, ganz gutt an deem Land hei matkritt hunn, wat zielt. Well wa si net géife matmaachen, da kéinte mer net an där Situatioun sinn, an där mer haut sinn.

Mir kënnen nëmmen an där Situatioun sinn, well dohausse verstane gëtt, wat zielt, well verstane gëtt, wat wichteg ass. Anescht hätte mer eng Situatioun, déi warscheinlech och net anescht wär wéi an deenen anere Länner.

Nawell ginn d’Zuelen erop, jo, a mir müssen do usetzen, wou de gréisste Risiko ass. Mir hunn d’Asiicht och - leider, muss ee soen. Mir haten e gewëssenen Optimismus am Hierscht, wou mer geduecht hunn, et hätt een de Wee kloer virun Aen, deen et bräicht, fir eraus aus der Pandemie: den dänische Wee. Et ass ugeschwat ginn. Den dänische Wee war dee vun engem Freedom Day, op deem alles opgehewe ginn ass a fir de Rescht op Vertraue gesat ginn ass. An et ass gutt schifgaangen!

Mir waren dee Moment net op deem Taux - zum Gléck, kann een haut soen, réckbléckend. Mir hunn ons Mesuren en place gelooss. Dat heescht, mir sinn do, wou aner Länner elo erëm müssen drop zréckkommen. Et ass keen Zickzack gewiescht. An trotzdem wësse mer haut besser, duerch déi Erfahrungen, och duerch schlecht Erfahrungen, wat gëllt. Wat gëllt? Et gëllt, un zwou Schrauwen ze dréinen. Dat eent ass, d’Impfung an d’Luucht ze kréien, en héijen Impftaux; do féiert kee Wee derlaanscht. Nieft vill Kritik héieren ech wéineg Alternativen, wéi mer derlaanscht kënnen kommen. A mir musse parallell dozou, an dat ass déi neist Erkenntnis, och nach grad mat engem Omikron um Horizont, Zousazmesuren en place halen. Dat ass dat, wat mer hei maachen.

Wann ee wëllt effikass sinn, da geet een dohin, wou de Risiko am héchsten ass. An haut ass et statistesch evident, dass net geimpfte Leit vill méi en héije Risiko mat sech droen, krank ze ginn. Dat ass fir si perséinlech net gutt. Mir hu sécherlech do eng Verpflichtung als Politik, fir d’Gesondheet vu jiddwerengem ze suergen. Mee et ass virun allem fir de System net tragbar. Et sinn ze vill Leit nach net geimpft, fir dass een do kéint eweckucken. Mir müssen elo differenzéiert virgoen. Et ass einfach esou, dass déi Leit, déi haut net geimpft sinn, e ganz grouse Risiko hunn, am Spidol ze landen iwwer laang Wochen an do ganz vill Ressourcen ze mobiliséieren an dass mer dat am Moment net gestäipt kréien, wa mer net méi differenzéiert virginn.

Elo si mer nach net bei enger Impfflicht. Och déi kann een haut net méi zu 100 % ausschléissen, well mer net genau wëssen, wat kënn, wat dat Ganzt eis reservéiert. Mee dat differenzéiert Handeln, do féiert an eisen Aen haut kee Wee méi derlaanscht.

Et ass och gesot ginn: Mat enger neier Variant, déi nach méi schnell ronderëm geet, hu mer éischt Erkenntnisser, nach net all d’Erkenntnisser. Do waarde mer natierlech mat Spannung drop, wat nach kënn, wëssen awer haut, dass de Schutz géint Hospitalisatiounen éischten Etüden no relativ gutt ass, net grad esou gutt wéi bei där anerer Variant, bei där en op 90 % geschat ginn ass. Hei gëtt en op 70 % geschat. Dat weist, dass et net de Moment ass, fir méi labber ze sinn.

An och wat d’Efficacité vaccinale zu Lëtzebuerg ugeet, invitéieren ech lech alleguerten, den Avis vun CSMI vum 13. Dezember ze liesen, vun deem Der bestëmmt scho Kenntnis geholl hutt. Do hutt Der eng gutt Analys, wéi et grad och bei den Eeleren hei zu Lëtzebuerg ausgesäit mam Impfschutz. Do si mer parallell zu deenen anere Länner. Insgesamt kann een zréckbehalen, dass de Risiko fir eng Neiinfektioun nëngmol manner héich ass fir e Mënsch, dee geimpft ass wéi fir e Mënsch, deen net geimpft ass, an dass de Risiko, fir hospitaliséiert ze ginn - an dat ass keng Freed, kuckt déi Reportagen aus de Spideeler -, zéngmol méi héich ass, wann een net geimpft ass, wéi wann ee geimpft ass.

Da wësse mer och, dass no ongeféier 90 Deeg no der zweeter Dosis de Risiko, fir sech ze infizéieren a fir erëm eng Kéier méi schwéier Konsequenzen erëm lues a lues eropgeet. Dofir och hei nach eng Kéier den Appell ze booster. Et ass net onbedéngt de Sujet vun haut, mee et kann een et net oft genuch soen.

Mir sinn amgaangen, alles ze maachen, fir d’Leit dovun ze iwwerzeegen. Ech géif vläicht vun der Zäit, déi mer bleift, profitéieren, fir op e puer Froen anzugeen, déi méi spezifesch gestallt gi sinn. D’Notifikatioun am Privaten - et ass richtig gesot ginn - hu mer scho länger ageféiert. Mir maachen och ëmmer nieft de Gesetzter banaliséiert Flyeren, op deene mer d’Mesuren duerstellen. Déi gi ganz vill erofgeluede vun eisem Site, dausendemol fir d’Betriber, fir den Horeca an esou weider. Och dat wäert hei natierlech erëm erkläert ginn.

D’FAQen, an deenen all d’Froen, déi un ons eruge-droe ginn, opgeschafft ginn, ginn och ëmmer erëm

adaptéiert, wann nei Mesurë kommen. An, just fir Zuelen ze ginn, mir hu säit Ufank vum CovidCheck 25.000 Notifikatiounen erakritt an der Direction de la santé. Dovunner sinn 10 % vu Betriber, de Rescht ass vu Privatleit. Dat heescht, ech sinn awer ganz frou, dass vill Leit dat matkréien. A mengem Ëmfeld ass et zimmlech gewosst, mee et wäert net jiddwereen et matkréien. Mee mir kënnen nëmme feststellen, dass et direkt gegraff huet. Wéi gesot, 10 % vun deene 25.000 si vun Entreprises, dee Rescht si privat Notifikatiounen. Dat ass vun eiser Säit aus op alle Fall zefriddestellend. A mir wäerten dat och ëmmer erëm widderhuelen.

Zu de Kannerimpfungen gëtt gesot: „Wisou waarden op Etüden, wann aner Länner an der Welt schonn impfen?“ Ma mir halen eis un dat, wat d’Experten eis soen. Mir hunn och do eise Conseil supérieur des maladies infectueuses, deen d’selwecht wéi d’Haute Autorité de Santé a Frankräich, d’ailleurs, d’selwecht wéi eng STIKO hei op Prioriséierung pocht. Et ass wichtig, wann een nëmmen eng beschränkte Quantitéit un Impfstoff huet, dass ee mat Prioritéite fiert. Dat sinn d’Primovaccinatiounen. Dat sinn déi Leit, déi vulnerabel sinn, déi müssen och geboostert ginn ab engem gewëssenen Delai, an dat sinn an enger éischter Linn elo déi vulnerabel Kanner!

Den CSMI huet sech awer generell ganz positiv ausgedréckt zu der Impfung vu Kanner. Dat gesäit a priori gutt aus. An doduerch, dass mer déi Priorisatioun elo en place hunn, hu mer am Fong geholl d’Chance - an dat ass dat, wat d’Experten eis och froen -, dass mer ganz zäitno nach wäerten Zousazop Schloss kréie vun Etüden. A wann dat alles dat bestätegt, wat mer haut unhuelen, dass dat kee Problem ass, fir d’Kanner ze impfen, da wäerte mer, soubal déi Donnéeën och disponibel sinn, ganz zäitno ufänken, d’Kanner alleguerten ze impfen.

Et muss ee wëssen, dass déi jëtzeg Etüden op engem klengen Echantillon fousse vu ronn 2.000 Leit. Dat ass net grouss. A mir hunn eeben d’Chance, elo virun Enn des Joers nach eng amerikanesch Etüd ze kréien, déi den CSMI eis gefrot huet - och ofzemaachen. Dofir respektéiere mer dat och. Dat ass net einfach willkürlech esou vun der Regierung decidéiert ginn. A soubal dat virläit a wann do näischt dergéint schwätzt an nei Erkenntnisser kommen, déi elo eventuell zu enger neier Virsicht géifen opuffen, da wäerte mer dat selbstverständlech och ausweiden.

Dann de Plan hospitalier: Do géif ech verweisen. Do hate mer och scho ganz vill Question-parlementairen. Dir kënn et Är Notte kucken. Mir ware schonn oft an der Chamberskommissioun, an där mer doriwwer geschwat hunn. Dee Plang, dee steet vun Ufank vun der Kris un. Wéi gëtt deen erschafft? An engem Aarbechtsgrupp an der Cellule de crise, déi spezifesch de Spideeler dediéiert ass, wou de Commissaire bei eis aus dem Haus fir d’Spideeler derbäi ass, mee wou och sämtlech Spideeler vertruede sinn.

Selbstverständlech schaffe mir do mat deenen Acteuren zesummen, déi d’Responsabilitéit hu fir d’Prise en charge. A mir hate scho Geleeënheet, en Austausch doriwwer ze hunn. Selbstverständlech ass déi Fro vun engem Covidspidol reegelméisseg komm, och a Froen. Do fannt Der Äntwerten. Ech hunn och nach eng vum Juni am Kapp vusäite vun der ADR, an där de Plang erëm eng Kéier ganz detailléiert kommentéiert an erkläert gëtt. Mee och hei hu mer Tier gedréint, eis Direktioun war op Visitt.

Ech erënnere mech, dass den Dokter Schmit lech dovunner gezielt hat. Mir waren dat op Tréier kucke gaangen, well vusäite vun der AMMD ëmmer dee Modell no vir gekéiert gëtt. Et ass awer nun emol esou - an dat hat ech lech och scho gesot an der Chamberskommissioun -, dass unisono sämtlech Spideeler zur Konkusioun komm sinn, dass dat net de beschte Modell ass. Dat ass och an Däitschland d’Erkenntnis gewiescht. Et ass ganz schwéier. De Covidpatient ass e komplizéierter Patient. E brauch eng multidisziplinär héichqualifizéiert Ekippe ronderëm sech an et ass einfach an der Praxis méi einfach, dat an de Spideeler ze maachen, well déi Ekippe jo och aner Patiente muss bedéngen. Wann een esou Ekippe ganz muss erauslagere, ass dat net effikass. Dat ass op alle Fall d’Konklusioun vun den Experte bei eis.

Dat ass thematiséiert gi mat deenen, déi an der Responsabilitéit sinn, dat sinn eis Spideeler. An ech ënnersträichen et nach eng Kéier: Dat war unisono, et war jiddwereen der Meenung, dass mer bei eisem Stufeplang sollte bleiwe mat allem, wat dee beinhaltet. An den Echange mat esou Spideeler hate mer gesicht. Do sinn d’ailleurs lafend Echange, well mer jo an enger Situatioun sinn, an där Lëtzebuerg zum Gléck - zum Gléck! - nach net muss Leit erausginn, contrairement zu eisen Nopeschlänner, déi an enger Situatioun sinn, an där se Patiente schonn erëm müssen ëmlagere. An doduerch si mer mat hinne natierlech och reegelméisseg am Gespréich.

Dann zu der Prozedur, wat elo déi Leit betrëfft, déi net kënnen geimpft ginn. Déi Prozedur ass selbstver-





ständlech en place. Den Dokter Schmit war och an der Chamberskommissioun - wéini war dat?, gëschter, ech verwiesselen d'Deeg -, wou en lech erkläert huet, wourobber e fousst. Ech huelen dat elo net nach eng Kéier ervir. E war ganz am Detail dorobber agaangen, wéi eng Richtlinnen en inspiréiert hunn. Dat ware Schwäizer, ech weess et net méi auswenneg. Enfin, et war an der Chamberkommissioun.

■ **Une voix.**- D'Fransousen.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- D'Fransousen. An opgrond dovunner ass dee Formulaire elo ausgeschafft, an dat steet alles. Dat gëtt elo natierlech der Dokterschaft kommunizéiert. Dat ass jo och eppes, wou elo u sech den Einzelne sech net onbedéngt soll vill ... Ech mengen, et ass den Dokter, deen aschätzt, deen och muss gebriecht sinn, medezinnesch, wat do elo déi Indicatioune sinn, déi géint eng Impfung schwätzen. Alles dat ass prett. Ech mengen, dat ass och schonn informell un d'Dokterschaft selwer eraus, an de Formulaire wäert en ligne sinn.

Duerno hëlt et natierlech déi Zäit, déi et brauch. Mee ech géif och hei gären eng Kéier insistéieren: Dat heiten ass net, fir d'Leit ze schikanéieren. Leit, déi net geimpft sinn, deene kënne mir vusäite vun der Santé nëmmen uroden, sech ewechzehale vun Evenementer, wou vill Leit zirkuléieren, 3G- oder 2G-Eventer. Si sinn engem grouesse Risiko ausgeliewert. Dat ass ganz kloer. A mir wäerten op alle Fall ... Mir kënnen nëmme widderhuelen, dass si zu hirem eegene Schutz wierklech sollen op sech opasse bei esou Eventer, bei deene manner Schutzmoosnamen en place sinn. Dat ass fir si ganz besonnesch geféierlech.

Voilà! Ech mengen, dat waren déi Froen, déi en gros am Raum waren. Ech rappeléiere just nach eng Kéier: Gëschter gouf et e Rekord vun Neiinfektiounen. Mir si vusäite vun der Santé frou fir all Stonn éischter, wou déi Mesuren a Kraaft sinn. Et ass e komplizéiert Gesetz, et ass schonn oft ënnerstrach ginn haut. Mee mir si frou fir all Stonn éischter, wou et kann a Kraaft trieden. Et geet drëms, méi Schutz en place ze setzen.

A vu menger Säit aus och - nieft dem Merci, deem ech mech uschlëssen, un d'ganzt Personal, un de Reporter, och un eis Leit am Backoffice, déi hei immens villen gelescht hunn, fir dat heiten un d'Stoen ze kréien -, virun allem e ganz grouesse Merci och un déi Leit, déi scho virgegraff hunn, déi emol guer net ofgewart hunn, dass se iwwert e Gesetz gezwonge ginn, 2G ze maachen. Vill Organisatiounen hunn dat mat den Annoncé scho fräiwëlleg en place gesat. Dat si Saachen, déi eis natierlech doranner bestätegen, dass mer hei zu Lëtzebuerg ganz vill verstänneg Leit hunn, soss kéinte mer net an esou enger gudder Situatioun sinn, wéi se haut ass.

Merci och fir d'Verständnis. Ech weess, déi Gesetzer si komplizéiert. Ech deelen allerdéngs net d'Aschätzung, ... Ech mengen, et gëtt kaum e Gesetz, dat esou breet am Detail bekannt ass bei de Leit dobauss wéi dat heiten, well et jiddwereen immens concernéiert. Et gëtt ganz staark thematiséiert. Ech weess net, ob Der d'Gefill hutt, eng Abgabenordnung oder e Steueranpassungsgesetz oder ech weess net, de ganze Recueil vun de Loispécialien ... Ech weess net, ob ons Gesetzgebung bei jiddwerengem esou bekannt ass.

Mir hunn de Prinzip « nul n'est censé ignorer la loi ». Dat gëllt natierlech ganz besonnesch hei an eise Kreesser. Mee och fir déi Leit, déi am Fong geholl net fräiwëlleg Legislatuer sinn a sech net dofir gemellt hunn, hei ze schaffe ronderëm d'Legislatioun, ass dat eng grouss Fiktioun.

Do kann een dru schaffen, mee ech mengen, dass dat heite Gesetz ganz gutt banaliséiert ginn ass an dass de Gros vun de Leit dach och versteet, wat d'Mesuré sinn, quitte dass et schwiereg ass. Däers si mer eis bewosst an da gi mer ons Méi, fir dat esou einfach wéi méiglech ze erklären an ëmmer erëm duerstellen.

Ech géif lech Merci soen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert. Parole après ministre fir d'Madamm Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Jo, merci, Här President. Ech hunn u sech just eng Fro, well mer dat elo no all den Erklärungen nach net kloer ass. Déi Jugendlech, déi an der Berufsausbildung sinn, falen déi, wa se am Betrib sinn, ënnert den 3G? Dat ass déi éischt Fro. An déi zweet Fro ass u sech: Wa se ënnert den 3G falen a si losse sech net impfen a si kënne sech et net leeschten, déi zertifizéiert Schnelltester ze bezuelen, hunn déi da kee Recht op Ausbildung? Da mussen déi hir Ausbildung ophalen. Ech froen dat just, well ech sinn dat de Moie gefrot ginn, well e Meedchen huet gesot: „Ech muss elo meng Ausbildung ophalen.“

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Educatiounsminister Claude Meisch.

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Och merci un d'Madamm Hansen fir déi ganz pertinent Fro. Mir sinn och amgaang, déi dote Froen a ganz vill aner Detailfroen nach ze klären a wäerten och en temps utile do kommunikéieren. Ech denken, datt et kloer ass, datt am Betrib, wann do den 3G gëllt - an dat ass mat dësem Gesetz esou, wann dat d'Zoustëmmung de Mëtteg hei fënn - da gëllt dat och fir d'Apprentien. Da mussen mer kucken, datt mer d'Apprentien en mesure setzen, fir datt se och dovunner kënne profitéieren an awer hiren Apprentissage weider maachen.

Da gëtt et zwou Méiglechkeeten: Dat eent, dat ass effektiv, vläicht de Finanzement vun den Tester ze envisagéieren. Dat mussen mer awer och nach eng Kéier kucken, well mer dat prinzipiell jo och net fir aner Leit maachen. Et kann awer och sinn, datt vläicht herno déi Zäit nogeholl gëtt, an där een dann dee Moment net konnt an d'Entreprise goen, an datt de prakteschen Deel zu engem anere Moment nogeholl gëtt.

Tatsaach ass effektiv, datt ech och déi Zäit, an där ech praktesch an der Entreprise sinn, muss zertifizéiert kréien, déi Moduller muss zertifizéiert kréien, fir gegebenefalls mäin Diplom herno ze kréien oder ze progresséieren. Duerfir ass dat dote schonn eng absolutt pertinent Fro, bei där mer müssen d'Käpp beieneestrecken an eng Léisung derfir fannen a mir maachen dat selbstverständlech och zesumme mat de Berufsskummeren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Educatiounsminister. Da Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Ech wëilt mech elo der Madamm Hansen uschlëssen an och nach eng Fro stellen, déi mer och de Mëtten elo nach gestallt ginn ass, an dat betrëfft d'CFL. Op der Eisebunn sinn d'Aarbeitsbedingungen jo éischters ganz staark schichtofhängeg, mee och d'Kontrolleren am Zuch, déi kënne jo weeder eng Distanz halen nach soss iergendeppes, a si schaffe Schichten.

Dofir déi Froen, déi ech elo nach de Mëtte gestallt krut: Wéi ass et do? Gëtt et spezifesch Reegelen? Anscheinend wëssen d'CFL selwer nach net genee, wéi eng Reegelen elo sollen do applizéiert ginn an ob net de Service Santé vun der Eisebunn selwer och déi Zertifikater ausstellen kann.

Also ech mengen, hei ass vläicht een ënner anere Beräicher nach, fir dee vläicht eng séier Klarifikatioun néideg ass, well awer an deene Servicer eng Onsécherheet ass.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. An d'Wuert geet un d'Regierung.

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique.**- Jo, vläicht ee Wuert. Et zielt natierlech fir alleguerten d'Leit, déi schaffen, och déi op der CFL, déi do wäerte schaffen. Et ass néierens eng Exceptioun. Dat hu mer och an deenen Diskussiounen, déi mer zesumme mat den Employeuren a mat de Gewerkschaften haten, festgehalen: dass kee Metier ausgeholl gëtt, dass et fir se alleguerte wäert sinn.

Et wäerten Ufank Januar och nach Explikatioune ginn iwwert déi Testzenteren, dat heescht fir déi, déi sech impfe loosse. Do wäert de François Bausch, dee responsabel ass fir d'Armée, Explikatioune ginn. Déi wäerten och siwen Deeg op siwe fonctionéieren, well et jo och Leit gëtt, déi de Week-end iwwer schaffen. Do wäert dat natierlech e bëssen erfrogefuer ginn. Dat wäerte méi wéi 150 Zaldote sinn, déi do an den Asaz kommen an deene verschiddenen Testzenteren. Dat kënne mer och nach eropfuere.

Do gesi mer jo an deenen nächsten Deeg och, wéi vill Leit sech impfe loosse, eng éischt Impfung hunn an eventuell nom 15. Januar - well dat leeft jo vun elo aus un - dann nach en Test brauchen.

An dann, wat d'Fonction publique ugeet, just fir dat och ze soen, an och de Gemengesector - ech hat dat an der Chamberskommissioun gesot -: Mir sinn un Finaliséieren a wann de Vott elo geholl ass hei vun der Chamber, wäerten och Circulären erausgoen un alleguerten d'Chef-d'administratiounen, déi dann och e ganze Katalog vun FAQe mat op de Wee kréien, wéi d'Situatiounen ze handele sinn.

Et ass ofgemaach mat der Inneministesch, dass se, wann déi Circulaire och do ass - well se mech dat och gefrot huet, well dat hir och wichteg ass -, dee Moment déi FAQen och weidergëtt, esou schreift, wéi dat natierlech och ass fir de Gemengesector.

De President ...

(**Interruption et hilarité**)

... vum Syvicol, deen huet mech dat och elo gefrot. Do wäerten dann natierlech och deementsprechend Explikatioune kommen. Dat wäerten Dokumenter sinn, déi bis de 15. Januar nach etofféiert ginn, soudass do nach vill Informatiounen wäerte kommen, fir dass och do vill Froe beäntwert ginn a

fir dass mer esou gutt wéi méiglech och Äntwerten hunn a preparéiert sinn op deen obligatoreschen 3G an de Betriber.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Ministier fir d'Fonction publique Marc Hansen.

D'Diskussiounen sinn elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7924. Den Text steet am Document parlementaire 7924<sup>15</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7024 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi 7924 ass mat 31 Jo-Stëmmen, 8 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Françoise Hetto-Gaasch).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou decidéiert.

**Motions et résolution**

Da komme mer nach zur Diskussioun respektiv der Ofstëmmung iwwert d'Resolutiounen a Motiounen, déi am Kader vun dësem Projet de loi deponéiert goufen.

**Résolution 1**

Fir d'éischt d'Resolutioun Nummer 1 vun der ADR, an där gefrot gëtt, datt Lëtzebuerg kuerzfristeg wéi och laangfristeg keng Impfflicht soll aféieren. Wie wëll zu dëser Resolutioun nach d'Wuert ergräifen? Den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Jo, merci, Här President. Bon, d'Resolutioun vun der ADR erënnert jo ganz kloer drun, datt d'Regierung festgehalen huet, datt et net zu enger Impfflicht kënnt. Hei gëtt gefrot, datt se hei dann och souwuel kuerzfristeg wéi och laangfristeg ganz kategoresch ausgeschloss soll ginn.

Dir hutt virdrun d'Gesondheetsministesch héieren: Et ass nach ëmmer esou, dass d'Regierung am Moment net drun denkt, fir eng Impfflicht anzeféieren, mee si wëll se awer och net 100%eg ausschléissen, well dat kéint e leschte Moyen sinn. An duerfir mengen ech, dass een déi Resolutioun hei net sollt unhuelen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engel. Wa keng weider ... Den Här Claude Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Här President, ech kann d'Meenung do deelen. Mir sinn net der Meenung, datt eng Impfflicht momentan appropriéiert ass. Mir wëllen och alles maachen, fir eng Impfflicht ze evitéieren. Et weess een awer an där heiter Pandemie net, wat d'Zukunft eis bréngt. An ech hoffen, datt déi Zukunft esou ass, datt mer et ni wäerte brauchen. Mee ausschléisse kann een an dësem Fall ni eppes. Dofir stëmme mer déi Resolutioun hei net mat, mir stëmme dergéint.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wiseler. Et ass keng Wuertmeldung méi do. Da kéime mer zum Vott vun dëser Resolutioun.

**Vote sur la résolution 1**

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Resolutioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Jean-Marie Halsdorf), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Félix Eischen), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

**Motion 1**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 1, wou gefrot gëtt, ob den Asaz vu mobille Lofilteren net awer eng sënnvoll Alternativ soll kënne sinn. Wie wëllt d'Wuert zu dëser Motioun nach ergräifen? Den Här Claude Meisch.

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Jo merci, Här President. Dir wësst - well mer hate schonn dacks d'Geleeënheet, hei doriwwer ze schwätzen -, datt mer ëmmer nees analyséiert hunn an déi lescht Expertisè consultéiert hunn, wat den Asaz vu Lofilteren an de Schoulraim, awer sécherlech och op anere Plaze géif bréngen an datt d'Konklusioun bis elo ëmmer eendeiteg war, datt Lëften eigentlech déi besser Alternativ ass do derzou, well se d'Lofqualitéit verbessert, net nëmmen de Virus aus dem Klassenall oder aus anere Raimlechkeeten erausbréngt, mee och Frëschloft erabréngt, wat fir d'Léiere virun allem grad esou wichteg ass an datt et net déi eventuell Risike mat sech bréngt, well duerch eng technesch Installatioun, déi och eng technesch, fachmännesch Waartung géif brauchen, an déi net fachmännesch ass, kann eventuell och eng falsch Sécherheet entstoën.

Dat war bis elo eigentlech ëmmer d'Konklusioun zu deem doten Theema a mir hunn och nach ganz rezent doriwwer nagesicht an och mat den Autoritéiten vun der Santé gekuckt, dat ze klären. An dat war bis elo ëmmer geschitt, soudatt dat, wat Dir hei frot, dat an aller Objektivitéit nach emol ze préiwen, eigentlech permanent quasi oder ëmmer nees gemaach ginn ass an och weider wäert gemaach gi vun eis. Duerfir gesinn ech awer net an, datt mer eng Motioun dofir bräichten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Meisch. An da geet d'Wuert bei den Här Claude Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Merci, Här President. Ech fannen déi Motioun hei ganz sympathesch, well et ass eppes, wat mir och säit Méint froen. Ech hätt zwar léiwer, hei géif stoen, mir sollen einfach déi Lofilteren direkt an deene Klassenall asetzen, wou dat, wat de Minister Meisch seet, déi Léftung, net esou méiglech ass, wéi et gewënscht ass. A verschiddene Klassenall ass dat esou. Dofir hätte mer léiwer, et géif nach anescht hei stoen, méi prezis. Mee dat hei froe mir säit zwee, dräi Méint an dofir wäerte mer déi Motioun och matstëmmen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wiseler. Da kënne mer zum Vott vun der Motioun Nummer 1 kommen.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 27 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi,





*Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M.Charles Margue.*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

#### Motion 2

Da komme mer zur Motioun Nummer 2, déi vun deene Lénken deposéiert ginn ass, a wou et drëm geet, datt d’Fraise vun den Employeure sollen iwwerholl ginn. Wëllt nach een d’Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Prinzipiell ass et mer jo sympathesch, datt d’Salariéen et net sollen iwwerhuelen. Dat hunn ech a menger Ried gesot, dat hunn ech och scho beim leschte Covidtext a menger Ried gesot. An ech bleiwen och dobäi, datt mer et, wa mer et als Sécherheetsmoossnam consideréieren, net därfen de Salariaéen operleeën. Et gëtt nämlech och keng Flicht fir de Saliarié, säin eegene Casque ze kafen oder seng eege Sécherheetsschong ze kafen.

Dovun ofgesinn fannen ech et awer e bësse limitativ, fir elo hei an der Motioun ze fuerderen, datt d’Employeuren dat musse bezuelen, well ech ginn d’Hoffnung net op, datt sech do awer vläicht nach eng aner Léisung fanne kéint, datt de Staat en Deel géif en charge huelen, an net nëmmen e Fong, fir déi Employeuren, déi vläicht Schwieregkeeten domadder hätten, mee dat da generell ze maachen.

Deementspriechend wäerte mir eis bei där heiter Motioun enthalen, well et eeben net nëmmen den Employeuren hir Responsabilitéit kéint sinn, mee eeben och vläicht de Staat do kéint asprangen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. An da kritt den Här Fernand Kartheiser d’Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, Här President. Ech wëllt och deene Lénke Merci soe fir déi Proposition. Mir kënnen déi hei awer net mat deelen, well mer de Prinzip vun de gratis Tester ... - dat heescht gratis: de Staat soll se bezuelen an all Stauerbezueler bezuele jo da mat, dat heescht, doduerjer och d’Patronen.

Mee mir hu generell e Problem domat, datt relativ vill Responsabilitéit hei op d’Patrone schonn ofgewälzt gëtt an deem Gesetz, wat mer elo hunn. An ech mengen, datt eis Optioun eng ganz kloer ass: e massiven Asaz vu staatlech bezuelten Tester. Dat ass déi Optioun, déi mir niewent der Impfung proposéieren an dat ass dofir net dee Wee, deen hei an der Motioun virgeschloen ass. An dofir stëmme mer dat och net mat. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. An da geet d’Wuert un den Här Claude Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Merci, Här President. Ech hoffen u sech, esou wéi ech et a menger Ried gesot hunn, datt eng Rei Méiglechkeete fonnt ginn, wou de Staat kann iwwert d’Testcampagnen, esou wéi se an deene leschte Woche waren, en Deel vun de Fraise vun esou Tester matbezuelen. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet, dat ass: Mir mengen awer, datt en Accord zwëschent Sozialpartner fonnt ginn ass an datt deen Accord esou tel quel an d’Gesetz iwwerholl ginn ass an dësem Punkt. Dofir wäerte mer dës Motioun hei net matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wiseler. Ech mengen, da kënnen mer zum Vott vun der Motioun kommen. Nee, den Auteur, d’Madamm Oberweis, wëllt nach.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- Wann ech däerf kuerz reagéieren. Merci fir all Är Reaktiounen. Bon, mir bedauern et e weéneg. Natierlech si mir och oppen dofir, dass de Staat intervenéiert an de Staat finanziell hëllef. Ech mengen, dat steet jo och am zweeten Turet, dass eng Base légale kéint kreéiert ginn, eebe grad fir deene méi schwachen Employeuren ënnert d’Äerm ze gräifen. Also mir si ganz oppe fir déi Diskussioun. Mir wëllte just gären drop hiweisen, dass et extreem vill prekariséiert Aarbechter an Aarbechterinne gëtt, déi eebe grad dem Virus méi exposéiert si wéi anerer. An dorëms geet et.

*(Interruption par Mme Myriam Cecchetti)*

Genau. A mir fannen et immens schued, datt déi Diskussioun elo zougemaach gëtt. Wann et méiglech ass, kënnen mer an enger Kommissioun driwwer schwätzen. A jo, et wier e bësse schued, wa se einfach esou ofgewise gëtt. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Oberweis. Da kéime mer elo zum Vott vun der Motioun.

■ **M. Dan Kersch**, *Vice-Premier Ministre*.- Här President.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- De Vizepremier, den Här Dan Kersch.

■ **M. Dan Kersch**, *Vice-Premier Ministre*.- Dir gesitt mech schonn net hei op der Bänk, wat gëtt dat eréischt, wann ech do sëtzen?

#### (Hilarité)

Ech wollt fir d’éischt emol soen, den Här Wiseler huet, mengen ech, schonn een Deel vun der Äntwert ginn, déi ech och elo wäert ginn. Dat heiten, wat mer elo am Gesetz stoen hunn, ass d’Ergebnis vun engem tripartiellen Accord. An an deem Accord huet all Säit misse Kompromisser maachen, souwuel d’Gewerkschaften, déi dat heite schlussendlech acceptéiert hunn, mat Murren, sou wéi ech et virdru gesot hunn, wéi och d’Patronen, déi op eng Rei vun hire Fuerderungen hu misse verzichten, ënner anerem dass se keng Licenciementer däerfe maachen, ënner anerem dass se keng Sanction-disciplinaren därfen huelen.

Dat heiten ass also en Accord, deen ënnert de Sozialpartner fonnt gëtt. An ech mengen, et wär e schlecht Zeeche vun der Chamber, wa mer dat elo géifen hei zerstéieren. Doriwwer eraus, an dat wëll ech och nach eng Kéier ënnersträichen, ass een Deel vun deem Accord, deen elo net an deem Gesetz hei steet, mee deen awer elo scho vum Här Hansen erkläert ginn ass. D’Regierung huet sech also och beweegt, wat d’gratis Tester ugeet. An zwar, dass mer soen, dass mer alleguerten d’Tester vun deene Leit bezuelen, an zwar integral bezuelen, net nëmmen en Deel dovunner, mee integral d’Regierung d’Käschten iwwerhëlt vun deene Leit, déi sech eemol picke gelooss hunn, déi eemol de Schrëtt op d’Gesellschaft duergemaach hunn. Fir déi wäerte mer iwwert déi ganz Durée bis den 28. Februar d’Käschte vun den Tester iwwerhuelen. An ech mengen, dass dat e gudden Accord ass an dee sollt een elo net hei a Fro stellen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Här Vizepremier Dan Kersch. Da kënnen mer elo awer zum Vott vun der Motioun Nummer 2 kommen.

#### Vote sur la motion 2

D’Ofstëmme fänkt un. Da komme mer bei de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 2 Jo-Stëmmen, 56 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Diane Adehm), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M.Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

#### Motion 3

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3 vun der Sensibilitéit déi Lénk, wou et ëm d’Mise en place vun engem Programme de coopération mat de Gemenge geet.

Wie wëllt nach zu där Motioun d’Wuert ergräifen? D’Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Jo, merci. Hei ass eng Invitatioun un d’Regierung, dass mer solle méi enk mat de Gemengen zesummeschaffe fir ze kucken, wéi eng Populatioun vläicht Retizenzen hunn, fir sech impfen ze loosse. Et gëtt och gefrot, fir déi lokal Acteure méi mat anzebezéien, respektiv d’Kommunikationsmaterial a méi Sprooche vereinfacht opzebereeden.

Ech géif gär drop hiweisen, dass mer dat maachen, scho säit enger Rei Wochen a Méint mëttlerweil. Mir hunn Analyse gemaach a mir hu jo och ganz geziilt - ech mengen, mir haten och schonn Echanging do driwwer - Kontakt geholl mat deene Gemengen, wou eeben den Impftaux méi niddreg ass wéi d’Moyenne. Mir hu mat hinnen zesumme gekuckt, d’Impfcampagnë lokal ze gestalten. Do waren déi Gemenge mat agebonnen, d’selwecht och lokal Acteuren. Ech denken un d’ASTI, un d’Culten, déi mer och gesinn, also eng ganz Rei Acteuren hu mer implizéiert fir ze gesinn, wou mer nach kënnen méi lokal eragoen. Dat heescht, dat leeft u sech alles.

An och deen drëtte Volet, wat d’Kommunikatioun ugeet, si mer nach amgaangen ..., also zu deene ville Sproochen, déi mer souwisou schonn um Lafen hunn, wäerten nach zousätzlech Sproochen opgeschafft ginn, soudass ech dat natierlech alles positiv gesinn. Dat si Saachen, déi mer afléisse gelooss hunn, wou mer drop schaffen, soufern mecht d’Motioun fir eis net direkt Sënn, mee et ass eng grouss Bestriewung fir eis, lokal ze schaffen. Also dat si Leit, déi weider näischt maache wéi dat.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools der Madamm Gesondheitsministesch. An da geet d’Wuert bei den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, Här President. Villmools merci. Och nach eng Kéier merci un déi Lénk, dass se dat hei proposéiert hunn. Mir stëmmen dat hei mat.

Mee ech wëll awer vläicht eng Bemierkung maachen, och un d’Adress vun der Madamm Gesondheitsminister. Mir haten, ech mengen den Här Keup hat dat gemaach, viru Kuerzem eng Question parlementaire gestallt, déi och an déi hei Richtung gaangen ass, well mer jo eigentlech déi Informatioun brauchen - Wou leien d’Problemer? Bei kulturellen Ursaachen? Bei Nationalitéiten? -, well mer eebe müssen déi Leit kënnen erreechen. An ech mengen, d’Madamm Gesondheitsminister, wann ech mech elo gutt erënneren, hat geäntwert, déi Donnéeë wären ëffentlech net disponibel.

Éischtens mengen ech awer, datt d’Parlament d’Recht op déi Informatiounen huet. A wann d’Madamm Gesondheitsminister aus Grënn, déi se eis da muss erklären, mengt, datt déi Donnéeën net solle kommuniquéiert ginn, da misst dat eeben an enger Kommissioun geschéien ënner engem Huis clos an da muss se eis erklären, firwat dat net soll disponibel sinn.

Mee ech mengen, dee gesellschaftleche Problem, deen hei ugeschwat ass, deen deele mer, dee gesi mer jo alleguer a mir deele jo alleguer déi Suerg, datt mer sollte probéieren, un d’Leit erunzekommen, fir se eeben och fir Impfungen ze sensibiliséieren.

Ech soen natierlech dobäi, well ech vun der ADR sinn, fir et fräiwëlleg ze maachen, wa se dat gär hätten. Mee den Accès zu deene Leit, dee muss natierlech garantéiert sinn. An ech mengen, datt mer tëschent Regierung a Parlament awer musse kënnen oppen doriwwer schwätzen.

Also mir deelen dat hei, mir deelen déi Suerg, déi d’Madamm Oberweis hei zu Pabeier bruecht huet a mir wëllen awer och d’Regierung opfuerderen, virun allem hei géintiwwer der Chamber déi Transparenz ze weisen, déi sech gehéiert an deem Kontakt zwëschent Regierung a Parlament. A wann et wierklech néideg sollt sinn, da kann een dat jo och op eng diskreet Manéier maachen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. An da geet d’Wuert un den Auteur vun der Motioun, d’Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- Jo, villmools merci, Här President. Merci och der Gesondheitsministesch fir hir Reaktioun an de Kolleegeen am Sall.

Bon, Dir sot, Dir schafft mat de Gemengen zesummen. Dat wonnert mech net, dass Der mat de Gemengen zesummeschafft. Ech géif awer gär méi genau wëssen, wat dann do dobäi erauskoum. Mir hunn et schonn e puermol hei gefrot, dass e Sondage gemaach gëtt, dass Enquêtë gemaach ginn: Wie sinn déi Leit, déi sech net impfe loosse? Wat sinn hir Ängschten? Wourunner scheitert et? Wat sinn d’Barriären?

Mir hunn et schonn e puermol gefrot. Mir kruten awer bis ewell net vill differenzéiert Donnéeën iwwert déi Populatiounen, déi Gruppen, déi do sinn, hir wierklech Ursaachen, firwat se dat net maachen. Et ass e bësselchen an déi Richtung. Wat hutt Der genau gemaach mat de Gemengen, mat den Associatiounen um Terrain? Wat gouf do genau gemaach? Wat hutt Der vun Erkenntnisser? Kéint Der dat mam Parlament deelen?

Well mir hunn hei net vill ..., also ech weess net vill vun deem, wat do gemaach gouf. An ech mengen, dat wier eng flott Zesummenaarbecht, wa mer och op där Basis kéinte schaffen a wierklech kéinte konkret dann och gesinn, wat um Terrain gemaach gouf, fir zesummen och kënnen eng konstruktiv

Oppositionsaarbecht dann ze maachen, fir zesumme méi weider ze kucken. Ech mengen, dat Eent ass, méi no un d’Leit erunzegoen, mee och sproochlech: Souwäit ech weess, happert et och zum Deel nach un der Sprooch, dass eng Rei Communautéiten awer nach ausgeschloss sinn, wat dat Sproochlecht ugeet.

An dat Drëtt wär, bon, mir hunn elo net alleguer d’Reaktiounen am Raum héieren, mee d’Madamm Lorsché vun deene Gréngen zum Beispill huet de Bremer Modell ugeschwat, wou se eebe grad op den Terrain ginn. Ech huele jo awer alt un, dass gewësse Leit, Sensibilitéiten hei am Raum déi doten Iddi elo net total verwerfen an elo net gesinn, dass dat vun Onnëtz wier, wat mir hei proposéieren. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Oberweis. An da geet d’Wuert un den Här Claude Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Merci, Här President. Mir fannen déi Motioun hei gutt. Mir fannen déi Motioun hei net superfetatoire an dofir stëmme mer se evidenterweis mat.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Ech wëll awer nach soen, eng aner Méiglechkeet ... Ech hunn elo just mam President vum Syvicol geschwat, wat hei gesot gëtt, hunn ech och héieren aus deem, wat d’Madamm Lenert gesot huet, et gëtt awer nach Diskussiounsbedarf doriwwer, wéi dat um Terrain ofleeft, wat gemaach gëtt, wat gefrot gëtt oder wéi een dat kann upaken.

Déi aner Proposition, mat där mer och nach kéinte liewen, dat ass, datt mer an der Kommissioun eng Kéier iwwert dee Sujet hei kéinten diskutéieren, dat géif mir och net onsenënvoll erschéngen an dësem Moment. Wann dat net de Fall ass, stëmme mer selbstverständlech mat.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Wiseler. Den Här Mars Di Bartolomeo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Merci, Här President, a merci och dem Claude Wiseler. Da maache mer dat esou.

#### Vote sur le renvoi de la motion 3 en commission

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wien d’accord ass, datt dës Motioun un d’Kommissioun verwise gëtt, dee soll d’Hand an d’Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Da gëtt dës Motioun un d’Kommissioun verweisen.

*(La motion 3 est renvoyée à la Commission de la Santé et des Sports.)*

#### Motion 4

Da kéime mer zur Motioun Nummer 4, wou et drëm geet, eng Evaluatioun vun deene verschiddenen entwéckelten Zenarien ze maachen.

Wie wëllt nach zu dëser Motioun, zur Motioun Nummer 4, d’Wuert ergräifen? Den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, Här President. Villmools merci. Och hei merci un déi Lénk. D’Iddi ass jo bestëmmt gutt gemengt, mee ech mengen, d’Madamm Oberweis kënnt aus enger politescher Famill, déi historiesch ganz gär Pläng mécht an och dacks domadder bäigelaf ass. A mir an eiser politescher Famill si vill méi liberal a mir hunn dat net esou gär.

#### (Brouhaha)

Wa mir e Plang maachen, da géife mer gär genee wëssen: Firwat? Wou soll et hiféieren? Wéi eng Fräiheete gi vläicht betraff? Ass dat iwwerhaapt proportional? An all déi Froe ginn an dëser Motioun net beäntwert. A well mer eebe virsichteg Leit sinn, wann et ëm d’Rechter an d’Grundrechter geet, wäerte mer dës och net matstëmmen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. An da geet d’Wuert un den Auteur vun der Motioun, d’Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*).- Ech huele mer d’Wuert, wa soss keen d’Wuert heibannen ergräift. Bon, mir proposéieren hei e Plan de gestion. Mir mengen effektiv, dass mer méi oft e Plang brauchen, wa mer a Krise sinn. Jo, ech mengen, mir benotzen net genuch Pläng, wa mer Krise musse meeschteren. Mee mir wësse jo awer, dass et scho Pläng gëtt. Ech mengen, am Spidol gëtt et jo Pläng an deem Sënn, wou et Phase gëtt.

#### (Interruption par Mme Myriam Cecchetti)

Et fält jo awer elo net vum Himmel, dass mer soen: Mir brauchen e Plang. Et gëtt jo schonn Usätz dovunner. Mir menge just, dass et vläicht géif hëlfen, méi eng Previsibilitéit a méi eng Transparenz ze kreéieren, och an der Kommunikatioun mat de Bierger an de Biergerinnen, ze soen: „Wann dat kënnt, dann dat; wann dat kënnt, dann dat.“ Dat heescht net, dass dat net méi flexibel ass.





D'Madamm Gesondheetsministesch huet virdu gesot, esou e Plang géif vläicht hënneren, méi flexibel kënnen ze schaffen. Ech verstinn déi Suerg. Ech mengen awer, dass een dat och ka flexibel ugoen a flexibel gesinn an och ausschaffen. Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Oberweis. An da freet den Här Sven Clement d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Jo merci, Här President. Ech stoung, mengen ech, virun zwee Méint op der Tribün an ech hu mech virun deem héijen Haus entschëllegt, well ech gesot hat, virun nach méi laanger Zäit, mir missten onbedéngt e Plang hunn, well mer gesinn hunn, datt d'Situatioun sech awer anescht entwéckelt huet, wéi mer dat geduecht haten.

Mir hate geduecht, mat engem Plang, deen och Deconfinementsschrëtt kéint virgesinn, wär et gedoen. An ech stoung virun zwee Méint do an ech hu gesot: „Hinterher ist man immer schlauer“, an heiansdo ass et gutt, wann een net Recht krut an deem Sënn, datt et net duerchgaangen ass. An deementspriedend kann ech elo hei e Plang, deen eis géif un en Zenario, dee mer guer net iwwerblécken ... An ech mengen, Omikron ass eng Variant, wou mer guer keng Erfahrungwäerter hunn, wou Südafrika a Groussbritannien diametral opposéiert sinn an deem, wat mer gesinn um Terrain, dowéinst kann een am Moment wirklech net vun engem Plang schwätzen, dee mer eis kéinte ginn.

A mir wësse jo, wat heiansdo geschitt, wann ee seet: „Mir sinn déi mam Plang.“ Dofir wäerte mir op alle Fall dese Plang hei net matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Clement. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel (*LSAP*)**.- Jo, merci, Här President. Ech kann dorun uschlëssen, wat den Här Clement elo gesot huet. Et ass ganz vill ganz am Ufank vun der Pandemie hei ëmmer vu Pläng geschwat ginn, et ass gesot ginn, mir missten eis Pläng fixéieren. An Däitschland hate se eng kéier d'Inzidenzzuel 50 gesat, a vun do un ass alles an déi eng Richtung, an déi aner Richtung gaangen. Haut si mer bei Inzidenze vun 200, 300, 400, a mir schwätzen net méi vun deene Pläng. Et gesäit een also, datt déi Pläng an der Theorie vläicht e gudden Usaz hunn.

An ech kann och verstoen, dass een dat freet, fir datt een och weess, wou ee sech kann drun halen, wou een och weess, wou een hifiert, wann dat do an dat do geschitt. Mee an der Praxis ass dat awer nun emol net esou machbar.

Hei gött och gefrot, datt eng Evaluatioun vun deenen eenzelnen Zenarioe geschitt. Dat maache mer u sech jo reegelméisseg. Mir stëmmen jo och reegelméisseg hei nei Gesetzer. An déi nei Gesetzer si jo ëmmer eng Evaluatioun an nei Mesuren, déi dann duerno kommen.

Duerfir ass dat heiten eppes, wat souwisou u sech gemaach gött. An de Plang, et deet mer leed, dat huet sech erweisen, dass dat net déi richtig Léisung ass. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Engel. Da freet den Här Claude Wiseler d'Wuert.

■ **M. Claude Wiseler (*CSV*)**.- Merci, Här President. Eis ass déi Motioun hei éischter sympathesch. Et geet jo effektiv net nëmmen ëm e Plang. Et geet och ëm déi Evaluatioun, déi soll gemaach ginn. Fir mech ass et einfach wichteg, datt déi Moossnamen, déi Zenarioen, déi mer au fur et à mesure en place gesat hunn, awer och eng kéier evaluéiert ginn: wat fir eng Moossname wéi wat bruecht hunn. Dat ass extreem komplizéiert, dat ginn ech jo ganz gär zou. Mee fir aus deenen Erfahrungen, déi mer während deene leschten zwee Joer gemaach hunn, kënnen Konklusiounen ze zéien, wär et net onwichtig, méi detailléiert Evaluatiounen vun der Reaktioun vun der Infektioun op déi verschide Moossnamen, déi mer geholl hunn, ze maachen.

Zweetens gesinn ech och dat, wat d'Madamm Oberweis an d'Madamm Cecchetti hei als Plang proposéieren, net onbedéngt als e Plang. Wa gesot gött: „Bei 100 Infektiounen, da maache mer dat, bei 200 maache mer dat“, esou ass dat jo wirklech net ze gesinn. Et ass einfach, a mengen Aen oder an eisen Aen, de Fait, datt mer eng Rei Moossnamen, déi possibel sinn, déi méiglech sinn, déi kënnen zesummesat ginn, eng kéier an der Oplëschung hunn an datt mer och wëssen, a wat fir enge Momenter mer eventuell kënnen iwwert dat eent oder dat anert diskutéieren. Et ass also näischt, wat fix ass, mee et ass mat enger Flexibilitéit geduecht, fir eng Iwwersiicht ze kréien a fir och d'Zukunft ze preparéieren an de Leit ze erklären. Esou gesinn ech et op jidde Fall, a wann ech lech gesinn, da gesinn ech, datt mer do dat selwecht denken. An an deem Sënn géife mir selbstverständlech dës Motioun matstëmmen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Wiseler. Dann huet d'Madamm Ministesch d'Wuert gefrot.

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- Merci, hei ginn a mengen Aen zwou Saache vermëscht. Dat eent ass e Stufeplang, wou ee genau virausseet, wat wéini geschitt. An e Plan de gestion, do géif ech gären drun erënneren, dass mir deen en place hunn. Dat ass eis Stratégie de lutte contre la pandémie, déi mer vun Ufank un hunn. Déi ass och schonn ëfters aktualiséiert ginn, dee Moment, wou zum Beispill d'Vaccine komm sinn an esou weider. Dee kënnen mer och ganz gären nach eng kéier rappelésiere kommen an d'Chamberskommissioun. Mee do gött et do ronderëm. Et fonctionéiert eng ganz Verwaltung, eng ganz Gestiou ronderëm déi Kris, déi op där Stratégie de lutte fousst, mat Aarbechtsgruppen, déi dagdeeglech zesummekomme mat enger Begleedung iwwert d'Fuerschung. Dir kritt... All Woch gött en Update iwwert d'Situatioun gemaach, wou mer en Accord mat der Fuerschung hunn.

Mir hu Rapporten iwwert d'Ofwässer an esou weider, déi mer reegelméisseg kréien. Et ass e ganz Dokument, dat och a ganz banalisierter, einfacher Form scho meermol der Press virgestallt ginn ass, och der Chamberskommissioun d'ailleurs, well all kéiers, wann ech et der Press virgestallt hunn, sinn ech et och presentéiere komm. Ech kann dat och ganz gären nach eng kéier maachen, mee dat ass fir mech eise Plan de gestion, deen en place ass, nodeem mir dagdeeglech liewen.

Dofir musst Der verstoen, dass ech Schwieregkeete mat der Motioun hunn, well u sech frot Der eppes, wat säit mëttlerweil gläich zwee Joer eis dagdeeglech Aarbecht ass a wourunner Honnerte Leit all Dag nieft hiren normalen Aufgaben, déi se an hirem Ressort hunn, schaffen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci der Madamm Lenert. An da geet d'Wuert nach eng kéier zrëck un den Auteur, d'Madamm Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Jo, villmools merci nach eng kéier. Also, fir dass mer eis richtig verstinn: E Plang ass net eppes fir eis, wou mir eng Schinn fueren a mir fuere blann déi Schinn, ouni d'Realitéiten ze kucken. Dat ass eng Evidenz, dass dat net dee Plang ass.

Ech verstinn, wat d'Madamm Gesondheetsministesch seet, dass esou e Plan de gestion en place ass. Wat mir gemengt hunn, ass esou e Plang mat Phasen, wéi et en an de Spideeler gött, an deen och op aner Secteuren auszeweiden, esou wéi et hei steet. An de Spideeler hu mer eng Phas 1, da geschitt dat, eng Phas 2, dat geschitt dat, eng Phas 3, da geschitt dat. Wéi wär et, wa mer dat och zum Beispill am Loisir, op der Aarbecht hätten, fir dass mer, wa mer ... Huele mer un, mir kommen nach een, zwee, dräi Joer net aus där Kris eraus a mussen eis awer vläicht nach op e puer Wellen astellen, fir dass mer ongeféier wëssen: Wa mer an enger Phas 1 sinn, géif dat geschéien op der Aarbecht, an enger Phas 2 géif dat geschéien op der Aarbecht oder am Loisir, fir dass een e bësselchen eng Iddi hätt, fir dass d'Leit sech e bësselchen op eppes kéinte preparéieren, sou wéi et och an de Spideeler ass, mee eeben och an deenen anere Secteuren.

Dat wär d'Iddi gewiescht. Mir stellen dat net aus. Et wär eng Invitatioun un d'Regierung gewiescht. Déi hätt et kënnen maachen, wéi si sech et virstellt. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Oberweis. Ech mengen elo kënnen mer zum Vott vun der Motioun Nummer 4 kommen.

#### Vote sur la motion 4

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun ass bei 23 Jo-Stëmmen géint 37 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Françoise Hetto-Gaasch) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

### 3. Motion de Mme Martine Hansen relative aux mesures prises au sein des hôpitaux dans le cadre de la pandémie de la Covid-19

*(Motion déposée en séance publique n° 21 du 14 décembre 2021 - à consulter au compte rendu n° 07/2021-2022 en page 293)*

Als nächste Punkt um Ordre du jour kennt d'Motioun vun der Madamm Martine Hansen iwwert d'Covidmesuren an de Spideeler. An ech géif dann direkt d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Martine Hansen, ginn.

#### Exposé

■ **Mme Martine Hansen (*CSV*), auteure**.- Merci, Här President. Ech maachen et séier, et ass scho spët. Mee ech wollt just nach eng kéier erklären: Stellt lech just nëmmen ee Moment vir, wann Der schwéierkrank wäert an Dir wäert an der Klinik an Dir krit och nach gesot, et dierft just nach ee Besuch eng Stonn den Dag kommen. Da wësst Der, da wäert Der mat Ären Ängschten, déi Der hutt, 23 Stonnen den Dag eleng. An dat ass an eisen Ae wirklech ganz schwéier ze erdroen an et ass scho bal net mënschlech.

An dofir ass hei d'Fro un d'Regierung, fir ze kucken, alles ze maachen, fir datt ee sécher kann de Besuch erlaben, mee datt een och méi Besuch kann erlaben. Dat soll evaluéiert ginn, eng Stonn, eng Persoun den Dag. Ech weess net, wann een eemol positiv ass, dann ass ee während enger Stonn positiv, dann ass een och während dräi Stonne positiv. Kann een déi Zäit net verlängeren? Kann een net aner Sécherheitsmesuren huelen, fir datt een eebe méi Besuch erlaabt? Well ech denken einfach, datt et extreem, extreem wichteg ass, datt krank Leit kënnen bei anere Leit sinn.

An dat selwecht göllt och fir Fräiwëlleger - vun Omega 90, mengen ech, ginn och Fräiwëlleger an d'Klinik -, datt een et och deenen erlaabt, bei Patienten ze goen, an och ënnert deenen noutwendige Sécherheitsmesuren, mee fir méi laang bei deene Leit kënnen ze sinn.

Gläichzäiteg froe mer awer och, fir d'Sécherheitsmesurë bei de Kanner ze verschäerfen, well mer wëssen, datt d'Kanner déi sinn, wou u sech den Infektiounstaux am héchsten ass, a well mer do net richtig verstinn, firwat déi an de Klinicke kee Schnelltest musse maachen. Dat heescht, och do dann d'Sécherheet op där Plaz méi sécher maachen, d'Kanner eeben e Schnelltest maache loos-sen, wéi gesot.

Awer fir de Rescht wannechgelift alles maachen, fir méi Besuch ze erlaben an op jidde Fall fir ze verhënneren, datt et nach eng kéier esou wäit kennt, datt d'Leit guer kee Besuch méi kënnen kréien a just en fin de vie Besuch kréien. Dat ass definitiv net mënschlech. Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Hansen. Wie wëllt d'Wuert zu deser Motioun ergräifen? D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- Jo, merci. Dat doten ass déi schwéierst Laascht, déi d'Pandemie iwwer zwee Joer mat sech bréngt, dee kollateralen Effet op d'Patienten an de Spideeler, déi wirklech impaktéiert sinn. Ech géif gären drop hiweisen, dass dat dote genau déi Diskussiounen sinn an dat illustréiert, wat eise Gestiounsopbau ass. Dat dote sinn déi typesch Froen, déi am reegelméissegem Zesummekomme vun de Spideler beschwat ginn. Et ass en Aarbechtsgrupp vun der Cellule de crise vom Secteur hospitalier, wou d'Plattform bei ons ass a wou sech eebe justement iwwert déi dote Froe reegelméisseg ausgetosch gött. Letztendlech bleift et d'Responsabilitéit vum Etablissement selwer, fir d'Sécherheet um Site ze suergen. Mir sinn u sech der Meenung, dass mer dat och solle respektéieren. Mir schafen de Kader. Et gött driwwer diskutéiert. Ech kann lech confirméieren, dass dat dote reegelméisseg ëmmer erëm evaluéiert gött, gekuckt gött, wat de Standard ass, deen elo göllt. Mee letztendlech sinn et déi intern Richtlinien vun de Spideeler, déi do gëllen. Mir wëllen ons do net méi wäit ingeréieren, ...

**(Brouhaha)**

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Wannechgelift, e bësse méi lues pësperen!

**(Hilarité)**

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- ... well et eebe justement och ..., ech mengen, dat sinn eenzel Entitéite, privatrechtlech Entitéiten zum gréissten Deel, déi hir eege Responsabilitéit hunn, wann eppes schif geet. An ech gesinn et als korrekt a richtig un, dass dat letztendlech hir Decisioun

ass, wéi se de Sécherheetsgrad an hirem Etablissement definéieren, well et och hir Responsabilitéit ass. Mee an der Gestiou vun der Kris ass eebe justement de But vom Groupe hospitalier, fir sech iwwert déi dote praktesch Aspekter auszetauschen a méiglechst eng gemeinsam Linn ze fannen. Et ass och e ganz grouse Rôle, deen der FHL zoukënn, fir dass et fir de Bierger dobaussen op deenen eenzelne Sitten esou eenheetlech wéi méiglech ass, quitte dass se all onofhängeg ee vun deem anere sinn. Mir hu jo net eng Staatsmedezinn an deem Land hei, mee eenzel Acteuren, onofhängeg Acteuren, déi täteg sinn, soudass mer do u sech der Meenung sinn, dass mer do net solle legislativ méi wäit an den dagdeegleche Business vun de Spideeler eragoe wéi dat elo de Fall ass iwwert d'Gesetz.

Zu de Kanner ganz kuerz: Do ass d'Iwwerleeung déi, dass d'Kanner duerch d'Schoul eeben dräimol d'Woch getest gi mat zousätzleche Recommandatiounen, déi mer jo hunn, fir esou vill Schnelltester wéi méiglech ze maachen. Grad wann ee bei Vulnerabeler geet, do ass d'Meenung, dass dat vum Sécherheitsniveau duergeet, well eeben d'Reegelméissegkeet do ass. Bei de Kanner ass déi Reegelméissegkeet iwwert de Wee vun der Schoul ginn, bei anere Visiteuren net onbedéngt. Dat ass eng Mise en balance, déi esou och vusäite vun den Experte guttgeheesch ginn ass.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci der Madamm Gesondheetsministesch.

Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

#### Discussion générale

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Jo, villmools merci, Här President, an och merci der Madamm Hansen an der Madamm Minister fir hir Erklärungen.

Ech mengen, d'Madamm Minister huet schonn an enger ganzer Rei Punkten hei Recht. Mir hu keng staatlech Medezinn. D'Responsabilitéit läit an deem Sënn bei de Spideeler. Alles dat ass richtig. Si huet awer och gesot, datt eeben déi Evaluatioun reegelméisseg gemaach gött, datt een och vläicht kann differenzéieren. An dofir wéilt ech awer hei ënnersträchen, datt deen Appell, deen d'Madamm Hansen gemaach huet, awer en Appell vun déiwer Mënschlechkeet ass. An ech mengen, dat ass en zentraalt Element och an der Medezinn. An dofir wëlle mer déi heite Motioun einfach och ënnerstëtzen, well ech weess, datt wa mer dat hei maachen - d'CSV a vläicht och anerer, mir op jidde Fall och -, datt eeben deen Appell un dat Wuelbefanne vum Patient, un dat Besiche kënnen, un dat sech Mat-deele kënnen, datt dat eeben och e wichtigen Deel an der Gesondheitspolitik ass.

An ech mengen, et verdéngt dofir ëmmer erëm, eng Consideratioun ze sinn an all deenen Iwwerleeungen, datt mer sollten de Leit d'Méiglechkeet ginn, esou laang wéi méiglech Besuch ze empfänken, eeben an deem Kader vun de Sécherheitsméiglechkeeten, esou laang wéi méiglech. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Kartheiser. Da geet d'Wuert weider un den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Jo, déif Mënschlechkeet. Ech mengen, datt et keen Dokter freet, wann e Patienten do leien huet, déi kee Besuch kënnen kréien, datt et keen Dokter freet, wann e Famillje muss soen: „Nee, Dir kennt haut Äre Léifsten, Ären Nächsten net besiche kommen.“ Mee Fakt ass awer och, datt mer u sech an enger Gesondheitspandemie sollten den Dokteren, de Medezinner, de Wëssenschaftler vertrauen, dee beschte Choix am Interêt vun de Patient/innen ze treffen.

D'Politik soll de Kader setzen, mee mir sollten eis net an Detailfroen amèschen, wann et drëm geet, wéi d'Behandlung a wéi d'Ramebedéngunge ronderëm dës Behandlung an de Spideeler oder an de Praxen auszegesinn hunn. Jo, ech hätt am léifsten, mir kéinte jiddwerengem de Besuch bei sengen Nächsten erlaben, mee mir kënnen dat net.

An ech mengen, datt mer hei am beschten hunn, elo als Politik, déi haut de Mëtten opgestanen ass a gesot huet: „Yes, we care! Impfe wirkt!“ a generell de Medezinner u sech, dem medezinnesche Fachpersonal de Réck wëllt stäipen, net hinzegoen an hinnen eng Blutgrätsch dranzeginn an ze soen: „Mee an där doter Fro vertraue mer lech net, well et e Primat vun der Politik gött, datt mer dat doten awer onbedéngt wëllen.“

Mir hätte besser, mir géifen d'medezinnescht Fachpersonal datt maache loos-sen, wat et am beschte kann: nämlech, sech am Interêt vun de Patient/innen ëm genau déi këmmen. An dozou gehéiert eeben och, hiren Entscheidungen ze vertrauen. Wann d'Spideeler déi Entscheedung getraff hunn, da sollte mer dat respektéieren an net als Politik a Fro stellen. Duerfir wäerte mir hei dergéint stëmmen.

■ **Une voix**.- Gutt!





■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. An dann ass de Mikro fräi fir d'Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (*déi Lénk*)**.- Jo, villmools merci, Här President. Ech wëilt der Madamm Hansen e grouse Merci soe fir dës Motioun, déi mir wäerte matstëmmen. Ech fanne se immens wichteg an et ass e ganz, ganz traurege Sujet, deen, mengen ech, eis alleguerte muss immens beréieren.

Ech mengen och net, dass et eng Detailfro ass, wéi dat elo just hei ugeschwat gouf. Wann e Patient effektiv, ech soen elo, um Stierwe läit oder immens krank ass oder, wéi d'Madamm Hansen deslescht gesot huet, queerschnittsgeläimt ass, kann een net soen: „Dat ass eng Detailfro.“ Dat ass deen Ament immens wichteg!

An effektiv déi Fro: Wann een eng Stonn ka goen, firwat kann een net e puer Stonne goen? Ech mengen, dat ass awer eng Fro, déi am Endeffekt Sënn mécht, iwwert déi ee kann diskutéieren. Ech verstinn och, dass een als Ministesch net kann ze vill an den interne Fonctionnement vun engem Spidol agräifen. An awer mengen ech, dass Der e gewëssenen Afloss hutt. Hei steet jo och, dat zesumme mat de Responsabele vun de Spideeler ze kucken. Vlächcht kéint Der lech jo awer mat deene Leit zesummesetzen a mat hinne schwätzen.

*(Interruption par Mme Paulette Lenert)*

Maja, da kéint Der lech vlächcht trotzdem fir déi Fro - et deed mer leed, wann ech et net richtig héieren hunn -, fir déi Fro asetzen.

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.- Deen, dee stierft, stierft.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Oberweis. An dann huet nach den Här Mars Di Bartolomeo d'Wuert gefrot.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Deen, dee stierft, stierft och net eleng! Dann zielt dach keng Märercher!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Här Clement, den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- Merci, merci, Här President. Merci och dem Martine Hansen fir déi Motioun. Déi Diskussioun, déi mer elo de Mëten hei féieren, weist, wéi schwierig deen Equilibre ass zwëschent enger beschtméiglecher Sécherheet fir fragiliséiert Leit an Härzensugeleëenheeten.

An ech mengen, wa mer un déi Diskussioun zréckdenken, déi mer virun e puer Méint an dësem Haus haten, wou mer den Haiser virgeworf hunn - eenzelnen Haiser virgeworf hunn -, si wären net virsichteg genuch, da géif ech mech schwéier hidden, wa mer eng Struktur en place hunn ... Fir sech der jeeweileger Situatioun unzepassen an esou vill Fräiheet ze ginn, wéi dee Moment méiglech ass, awer bei Netvernolëssung vun der Sécherheet vun de Patienten, awer och vun deenen, déi op Visitt kommen, géif ech mengen, dass mer effektiv gutt berode sinn, wa mer hei net politesch decidéieren, mee de Fachleit um Terrain dat iwwerloossen, dat ëmsou méi, well mer och elo un der Spëtzt vun der Spidolsfederatioun e Mann hunn, deen den Terrain extreem gutt kennt an deen och bei der Krisebewältigung eng éischt Roll gespillt huet.

Also fir mech ... Mir vertrauen deene Leit um Terrain a mir vertrauen och der Ministesch, ...

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- ... déi vill Mënschlechkeet bewisen huet an der Bewältigung vun dëser Kris, ...

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- ... fir dass den Interêt vun der Sécherheet a vun „#wecare“ fir d'Patiente geséichert bleift. An duerfir géif ech mengen, dass mer déi Motioun esou net kënnen stëmmen.

■ **Une voix**.- Très bien! Au vote!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Di Bartolomeo. An da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier zréck un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Martine Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (*CSV*), *auteure***.- Jo ech wëll ... Merci, Här President. Ech wëll et just hei nach eng Kéier kloer soen: Ech hunn net gesot, mir sollen einfach opmaachen!

*(Brouhaha)*

Hei steet, kloer gefrot, an ech soe wierklech, dass dat eppes ass, wat een net däerf einfach esou ofweisen, oder ech verstinn et net, wann een dat einfach esou ofweist. Ech hu gefrot, dass ee soll zesumme mat de Responsabele kucken ...

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- Dat maache mer.

■ **Mme Martine Hansen (*CSV*), *auteure***.- Ma wann Der et maacht, Madamm Minister, da kënnt Der et jo stëmmen!

*(Interruptions)*

■ **M. Dan Kersch, *Vice-Premier Ministre***.- ..., Dir lauschtert just net no!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*)**.- Kommt, mir streiden net.

■ **Mme Martine Hansen (*CSV*), *auteure***.- Also ech äntweren elo net dodrobber, dass ech net géif nolauschteren. Ech wëll just nach eng Kéier soen: Ech wollt dat hunn, dass Der géift zesumme kucken an och wierklech ëmmer erëm déi Saachen a Fro stellen, well ech awer ..., ech war dobäi, wéi e Patient dat gesot kritt huet. Dee Patient krut och einfach esou vun der Infirmière gesot: „Mir sinn erëm esou wäit, mir maachen dat erëm wéi déi leschte Kéier.“

An ech fannen, dass een net einfach esou Saache ka soe wéi: „Mir maachen dat erëm wéi déi leschte Kéier.“ D'Zäit evoluéiert, d'Wëssenschaft evoluéiert och an déi Mesurë kënnen och evoluéieren. A wann een dann zumindest matenee kuckt: „Ass eppes aneschtlers méiglech?“ Méi hu mer hei net gefrot. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Hansen. An da kritt d'Wuert nach d'Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*)**.- Jo, ech wollt hei just soen: Dee Fall do ass jo net aus der Loft gegräff, soss wier deen net hei thematiséiert ginn. Wann et dee Problem net géif ginn, da bräichte mer hei net driwwer ze schwätzen, also gëtt et deen do Problem. An da kann ee jo awer net soen: „Et ass alles an der Rei, et ass alles a Botter.“ Da muss een awer, mengen ech, déi Leit verstoen. An ech hoffen, dass ech net an dee Fall kommen, dass een eleng do sëtz.

An dann, déi aner Saach ass déi: Den Här Di Bartolomeo huet jo gesot, mir missten oppassen, mir hätten Haiser virgeworf, si wieren ze vill onvirsichteg gewiescht. Also ech hu jo awer haut richtig verstanen, dass een an de Spideeler muss geneesen, geimpft sinn an en Test maachen. Also wann dat awer da keng Sécherheet gëtt, da weess ech och net, firwat mer haut nach e Gesetz hei derzou gestëmmt hunn. Well dat ass et jo wierklech: Mir solle geimpft, geneese sinn a mir sollen nach en Test maachen, oder getest an nach en Test da virun der Dier maachen. Dat soll jo awer eng Sécherheet ginn, fir dass dat een och kann ... Datt een net jiddereen eraléisst, dass ee Reegelen huet, fannen ech ganz richtig. Mee wann déi dote Mesuren awer bestinn, misst een awer och kënnen zum Beispill bei Leit goen.

Eng aner Saach ass zum Beispill: Virun engem Joer, wa Bëbeeën am Spidol waren, huet och nëmmen eng Persoun dierfen eran. Dat hu se zum Beispill elo opgehewen, elo dierfen awer zum Gléck d'Elteren zu zwee bei d'Bëbeeën eran, well dat war jo schrecklech. Dat heescht, do gesäit een, dass se do awer eng Evolutioun gemaach hunn. Si hunn och gesinn, dass een dat aneschtlers ka maachen. An natierlech mussen déi Leit och en Test virweisen. Dat heescht, si maachen e Schnelltest virdrun. Déi ginn och net einfach esou eran, well déi wëssen, dass se soss och hir Kanner gefäerde géifen. An déi sinn och geimpft.

Also ech mengen ... Wéi gesot, mir géifen dat hei net diskutéieren, wann et kee Problem wär. An ech fannen et immens schued, dass een dann esou op Fronte stéisst an dass een dat dann net versteet an einfach seet: „Mir schwätzen.“ Jo, mir schwätzen vlächcht, mee et sinn awer Fäll, wou et net aboutéiert.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Cecchetti.

An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

*Prise de position du Gouvernement (suite)*

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- Merci, Här President. Mir ginn invitéiert, doriwwer ze schwätzen. An dat, wat ech erkläert hunn, ass, dass mer dat maachen, dass dat zu eiser dagdeeglecher Aarbecht an der Gestion de crise säit Méint a Woche gehéiert. Wann esou Fäll kommen, hunn ech, mengen ech, mat kengem Wuert gesot, dass et keng esou Problemer gëtt. Dat ass de But vun eiser Gestiou: Wann eis esou Saachen zougedroe ginn, da kënnt dat op den Ordre du jour. Wann et urgent ass, gëtt eppes direkt iwwer e Call ugeschwat. A mir si permanent beméit.

Dat ass et, firwat ech e Problem mat der Motioun hunn: Wann een eis haut dozou invitéiert an ech lech d'Erklärung ginn, dass een eis dozou net brauch ze invitéieren, well dat eis dagdeeglech Praxis ass, ...

■ **Une voix**.- Voilà!

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé***.- ... fannen ech et vis-à-vis vun deene Leit, déi dat dotten all Woch maachen, déi sech all Woch déi Zäit huelen, fir sech ze echangéieren, fir sech ze alignéieren an hirer Praxis ... Well wann esou Fäll un eis erugedroe ginn, dann thematiséiere mer se, da gëtt sech ausgeschwat an da gëtt och festgestallt,

dass vlächcht d'Praxis anescht ass an engem Haus wéi an engem aneren. Da kënnen d'Experte sech austauschen an dann evoluéiert dat.

Dat, wat mir encouragéieren, si gemeinsam Positiounen an dat maache mer net eréischt säit haut a gëscht, mee säit et dee Plan de gestion de crise gëtt. Deen dote Grupp ass presidéiert gi vum haittege President vun der FHL. Dee war am Ufank vun der Kris bei eis agestallt, fir dat do ze leeden. Dat ass eis dagdeeglech Aarbecht. An Dir musst verstoen, dass ech mech hei zu Wuert mellen, well dat am Fong geholl och net respektvoll ass vis-à-vis vun deene Leit, déi déi do Aarbecht maachen. An ech ginn lech jo just d'Erklärung zu deem, wouzou Der eis invitéiert.

Natierlech fanne mer dat gutt, soss géife mer et jo och net maachen. Et ass eng ganz grouss Prioritéit an deem Grupp an ech ginn lech just d'Erklärung an d'Informatioun. Dir sëtz jo net dagdeeglech bei eis um Dësch. Mir sinn hei Rechenschaft schëlleg. Déi Rechenschaft ginn ech lech hei. Ech ginn lech d'Erklärung, dass dat eng Praxis ass, déi laang en place ass an déi eis selbstverständlech ganz vill um Häerz läit. Dat war ee vun deenen éischte Gruppen, deen en place war, deen nach net eng Kéier säit der Kris opgehalen huet. An dee kënnt allkéiers en cas de besoin zesummen.

Mir kréien och oft esou Matdeelungen. Sou, wéi se och un lech erugedroe ginn, gëtt dat selbstverständlech och en eis erugedroen. An esou, wéi mir fonctionéieren, ass: Wann esou eppes ass, dann huele mer Kontakt mat deem Spidol. Wann et en Thema ass, wou mer soen: „Do ass e Problem, do ass eng Diskrepanz“, da brénge mer d'Leit zesummen. Se schwätzen driwwer an da gëtt dat au fur et à mesure adaptéiert, awer vun den Experten. An do sinn ech och ganz bei deem, wat de Mars Di Bartolomeo gesot huet a wat och vun anerer Säit gesot ginn ass: Dat solle mer an den Hänn vun de Fachleit loossen. Si hunn d'Responsabilitéit, si hunn d'Wëssen a virun allem d'Responsabilitéit letztendlech.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci der Madamm Gesondheitsministesch.

Ech mengen, da kënnen mer elo zum Vott vun där Motioun kommen.

*Vote sur la motion*

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer bei de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 27 Jo-Stëmme géint 33 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Félix Eischen), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

**4. Hommage à Mme Françoise Hetto-Gaasch**

Kolleeginnen a Kolleegen, haut ass déi lescht Sitzung fir dräi vun eise Kolleegen: d'Françoise Hetto-Gaasch, de Claude Haagen an de Georges Engel.

D'Ostdeputéiert Françoise Hetto-Gaasch ass 2004 eng éischte Kéier an d'Chamber komm a war do, mat enger Ënnerbriechung als Member an der Regierung, am Ganze bal 13 Joer. Bekannt war déi geléiert Educatrice scho virun hirer politescher Karriär als fréier Animatrice bei RTL. Déi éischt politesch Erfarungen huet d'Françoise Hetto-Gaasch um lokalen Terrain gemaach: fir d'éischt als Conseillère zu Jonglënster, dann als Schäffen a schliisslech als Buergermeeschtesch.

Esou gewëssenhaft wéi si an hirer Gemeng geschafft huet, huet d'Françoise Hetto och hire Rôle als Deputéiert zanter 2004 erfüllt. D'Schoulpo-

litik louch hir besonnesch um Häerz an esou war si och laang Vizepresidentin vun der Educationskommissioun.

D'Françoise Hetto-Gaasch huet sech an der Kommissioun ëmmer abruecht am Beräich „petite enfance / éducation non formelle“. Ufank Dezember huet si nach zesumme mam Serge Wilmes d'Proposition de loi 7921 deposéiert, wou et ëm d'Organisatioun vum Enseignement fondamental geet. D'CSV-Deputéiert huet an der Educationskommissioun dacks Propositione vun der Regierung kritesch hannerfrot, mee dat war ëmmer konstruktiv an an engem rouegen Toun. Och bei de Sujete Gewalt am Stot, Tourismus a Gesondheet huet d'Madamm Hetto-Gaasch ee wichtige Beitrag bruecht.

Eis Kolleeigin huet hir Aufgaben ëmmer eescht geholl a wollt ëmmer alles richtig maachen.

Mir wënschen hir all Guddes fir hir Zäit no der Chamber.

*(Applaudissements)*

**5. Hommage à M. Claude Haagen**

Eise groussen ...

*(Hilarité)*

...Deputéiertekolleeg a Buergermeeschter vun Dikrech Claude Haagen verléisst d'Chamber, fir dem Romain Schneider säi Posten an der Regierung ze iwwerhuelen. Hie wäert do fir d'Sécurité sociale an d'Landwirtschaft zoustänneg sinn.

Den LSAP-Deputéierten aus dem Norden ass zënter 2009 am Parlament a war an deenen zwielef Joer Rapportier vu ville Gesetzesprojeten, esou zum Beispill och vum Budgetsprojéit vun 2017. Seng rezent Amtszäit als President vun der Kommissioun fir Economie, Konsumenteschutz a Weltraum ass sécher aussergewöhnlech, well se geprägt ass vun der aktueller Covid-19-Kris a virun allem dem ekonomeschen Impact duerch Aiden a Relancegesetz. Och a Krisenzäiten huet de Claude Haagen déi erstaunlech Rou a Geloossenheet, ...

■ **Plusieurs voix**.- O!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- ... fir souguer bei Videokonferenzen, wou et och emol méi hëtzeg hiergeet, de virtuellen Iwwerbléck net ze verléieren.

Esou licht léisst dee grouse Mann aus dem Norde sech effektiv net aus der Rou bréngen. Och nom Feier an der Dikrecher Brauerei zu Dikrech, wou hie bal déi ganz Nuecht um Dill war, huet hie moies seng parlamentaresch Sitzung geleet, wéi wann näscht gewiescht wier.

*(Hilarité)*

An der aktueller Legislatur ass dee geléierten Enseignant fir Wirtschafts- a Sozialwëssenschaften och nach President vun der Sous-commission Télétravail a Vizepresident vun der Budgetskontrollkommissioun.

Den LSAP-Deputéierte scheit keng Responsabilitéiten. Och um internationale Plang ass hien aktiv. Esou war hien 2020 als Walobservateur vun der OSZE bei de Presidentewalen an den USA an dëst Joer am Usbekistan an a Kirgisistan am Asaz.

■ **Plusieurs voix**.- Oi!

*(Hilarité)*

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- De Claude Haagen ass ee Realist, deen net alles duerch de rosaroude Brëll kuckt. An hien huet Humor a kann häerzhaft iwwer sech selwer, mee och iwwert d'Politik laachen. Et ass ee richtigen Dikrecher!

Seng vill Talenter, dorënner och déi op engem Héichseebagger, hält hie mat an d'Regierung. An ech si sécher, dass de fréieren Handballnationalspiller och an der Regierung säi Match wäert maachen.

Mir wënschen him eng glécklech Hand.

*(Applaudissements)*

**6. Hommage à M. Georges Engel**

Haut ass och déi virleefeg lescht ëffentlech Sitzung fir de Georges Engel. Och hie wiesselt op d'Regierungsbänk. Och fir hien ass et eng nei Erausforderung.

De Georges Engel ass zënter bal zéng Joer an der Chamber. Besonnesch déi sozial Theeme leien dem geléierten Assistant d'hygiène sociale um Häerz. Den LSAP-Deputéierten aus dem Süde kennt awer och schonn e gudden Deel vun den Dossieren, déi elo als designéierten Aarbechtsminister do op hie waarden.

Hien ass schonn zënter 2013 President vun der parlamentarescher Kommissioun fir Aarbecht, Beschäftigung a Sécurité sociale. Déi lescht Méint waren och do haaptsächlech markéiert duerch eng ganz Rei vu Gesetzter, déi am Kader vun der Pandemie hu mussen duerchgeholl ginn, dat souwuel um Niveau vum Droit du travail wéi och an der Sécurité sociale.





Den aktuellen LSAP-Fraktionspräsident, deen och Member an der Presidentekonferenz an am Bureau vun der Chamber ass, ass och Vizepräsident vun der Finanz- a Budgetskommissioun. D'Zesammenaarbecht mam Georges Engel an der Chamber war ëmmer konstruktiv. Hie vertritt seng Meenung, mee geet mat Respekt mat deenen aneren ëm.

De fréiere Buergermeeschter vu Suessem ass e Realist an e Mënsch vun de Kompromisser. Et ass net ëmmer alles just schwaaarz oder wäiss. De Georges Engel ass en oppene Mënsch an no bei de Leit. Et ass e Veräinmënsch, dee Konflikter am Team léist. Eppes, wat him sécher och a senger neier Funktioun zegutt kënnt.

Och als Sportminister wäert de Georges Engel eng gutt Figur maachen, ...

■ **Plusieurs voix.**- O!

(*Hilarité*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- ... well och an deem Secteur kennt hie sech als aktive Sportler schonn e bëssen aus. An der Chamber huet de Georges Engel ëmmer op d'mannst 100 % ginn. An ech si sécher, datt hien dat och an der Regierung wäert maachen.

A well de Georges Engel direkt e puer Blossinstrumenter ka spillen, versteet hien och eppes vun Harmonie. Duerfir wäert him och op sengem neie Posten d'Loft net esou séier ausgoen.

■ **Une voix.**- Bravo!

(*Applaudissements*)

(*Interruption par M. Marc Hansen*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Marc Hansen.

■ **M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement.**- Jo, Här President. Als Minister, deen zoustänneg ass fir d'Relatiounen mat dem Parlament, géif ech awer och am Numm vun der Regierung deenen dräi Deputéierte villmools Merci soe fir hir Aarbecht, déi si gemaach hunn, an déi gutt Kollaboratioun, déi et awer och ëmmer mat der Regierung gouf.

An ech wëll vläicht ufänke mat der Madamm Hetto, déi elo déi nationalpolitesch Karriär ophält. Dir waart selwer an der Regierung, hutt vill am Déngscht vum Land gemaach. An ech géif als Member vun der aktueller Regierung lech och dofir wëlle villmools Merci soen. Ech mengen, ech hunn lech nach ëmmer appreciéiert, och op deene Plazen, wou mer eis op anere wéi politesche Man-

dater begéint hunn. Iech vill Freed an der Zukunft a merci fir alles, wat Der gemaach hutt!

Déi Kolleegen op där aner Säit wäert ech an Zukunft an der Regierung begrëssen. Ech weess, dass de Claude Haagen als Buergermeeschter vun Dikrech aus dem Norden, wou ech jo och walpolitesch hierkommen, ganz vill gutt Aarbecht gemaach huet.

Ech freeë mech och, fir mat him zesummeneschaffen, an d'ganz Regierung. Ech wëll em just soen, dass, wann en elo nach am Usbekistan nach eng Kéier war: Als Landwirtschaftsminister rennt en oft op Bréssel, an dat war et!

(*Hilarité*)

De Georges Engel als Fraktionschef, mengen ech, dee war ëmmer an der Conférence des Présidents och engagéiert als ee Verrieder, deen och do ëmmer un der Saach geschafft huet. Ech sinn och do zouversiichtlech, dass dat an der Regierung eng ganz flott Ekippenaarbecht gëtt. Mee him och als Member hei vun där heiter Chamber en décke Merci.

A leider huet den Dan Kersch elo scho misse goen, well en och am Déngscht eebe vum Sport eng Pressekonzferenz huet. Bei him war et haut och dee leschten Optritt als Minister hei an der Chamber. Ech wëlt him awer och als motivéierten an engagéierte Politiker an der Regierung Merci soen. Hie wäert dann op déi Plaz vum Här Haagen kommen an lech an Zukunft och hei begleeden.

Alleguerten deenen doten, mengen ech, grad an dësen Zäiten, ee grouse Merci fir dee politeschen Engagement! Dat gëtt et net méi vill! Mir brauche Leit, déi, egal op wat fir enger Säit se sëtzen, riicht an hire Schong stinn. Dat waren déi heite Politiker. An dofir am Numm vun der Regierung: Merci! An egal, wat Der an Ärer Zukunft wäert maachen: Vill Freed a „bon vent“ bei där Aarbecht.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

(*Applaudissements*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Minister Marc Hansen.

## 7. Discours de M. le Président

Erlaabt mir, um Enn nach drop hanzeweisen, datt et haut och déi lescht Sitzung war vum Här Marc Baulesch, ...

■ **Plusieurs voix.**- O!

(*Applaudissements et sifflements*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- ... eise Huissier hei aus dem Sall, deen déi lescht 25 Joer am Déngscht vun der Chamber war an dat nach bis Enn vum Joer ass. De Marc Baulesch gehéiert zur Chamber wéi de Schaum op de Béier!

(*Hilarité*)

Sief et heibannen am Sall, am Richard/Préztz-Gebai, oder bei soss engem Evenement - op de Marc Baulesch war ëmmer Verlooss! Besonnesch op Nationalfeierdag, mee och bei all anere feierlechen Uläss, ass de Marc Baulesch ëmmer an Héichform komm. An esou munch Deputéierten huet him et ze verdanken, datt e kee Fauxpas an der Kleederuerdnung gemaach huet.

■ **Une voix.**- Très bien!

(*Hilarité*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- De Marc weess ëmmer iwwer alles Bescheed! An heiansdo wousst hien och schonn eng Neiegkeet, éier iwwerhaupt eppes geschitt war.

(*Hilarité*)

Mir wäerte sécher seng Dekoratiounstalter um Chrëschtbeemchen an all seng aner Talenter vermessen. Mir soen dem Marc haut villmools Merci fir seng exzellent an trei Déngschter. Eng Legend vun der Chamber geet a Pensioun.

■ **Une voix.**- Ui!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Mir wënschen dem Marc fir déi nächst Etapp a sengem Liewe vill Freed an hoffen, datt Gladbach erëm méi Punkte kritt ...

(*Hilarité*)

... an datt s du eis an Zukunft nach weider op Niklosdag als Houseker besiche kënns.

(*Hilarité*)

Marc, dir all Guddes!

(*Applaudissements*)

Léif Kolleeginnen a Kolleegen ...

(*Interruption par M. Marc Hansen*)

Nee, den Här Marc Hansen.

(*Hilarité*)

■ **M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement.**- Voilà! Ech mengen, wann Der schonn esou Leit an d'Pensioun verabschit, déi och de Regierungsmemberen an de leschte Joer vill Déngschter geleescht hunn, souwuel hei, wéi an deene verschiddene Säll, wéi op de Feierlechkeeten: Iech och am Numm vun der Regierung merci fir alles, wat Der gemaach hutt, a vill Freed an Ärer Pensioun!

(*Applaudissements*)

## 8. Discours de fin d'année de M. le Président

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, domat wiere mer elo um Enn vun der leschter ëffentlecher Sitzung fir dëst Joer ukomm. Mir sinn elo all frou iwwer e puer Deeg Rou.

(*Interruptions*)

Ech wëll nach kuerz Merci soen. Merci dem Generalsekretär Laurent Scheeck a sengen zwee Adjointen, dem Benoît Reiter an dem Isabelle Barra, de Mataarbechter aus der Verwaltung, de Fraktiounen an de Sensibilitëiten, déi am Hannergrond schaffen, fir datt mir als Deputéiert eis Aarbecht gutt kënne maachen.

Merci Iech heibanne fir Är gutt Disziplin.

■ **Plusieurs voix.**- O!

(*Hilarité*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- A merci der parlamentarescher Press, déi mat derzou bäidréit, datt d'Bierger iwwer eis Aarbechten informéiert sinn.

Ech wënschen Iech alleguer trotz allen Aschränkungen, déi néideg a wichteg sinn, schéi Feierdeeg an e rouege Joreswiessel. Passt op Iech an op déi aner op a bleift gesond!

Merci villmools.

■ **Plusieurs voix.**- Merci gläichfalls!

(*Applaudissements*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An Dir sidd elo alleguer op ee Patt invitéiert an ee gutt Stéck Kuch.

■ **Plusieurs voix.**- O!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Prost!

(*La séance publique est levée à 18.07 heures.*)



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Communications

- M. Fernand Etgen, Président

### 3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

### 4. 7936 - Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;

3° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance

- Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo

- Discussion générale : M. Claude Wiseler (dépôt des motions 1 et 2) - M. Gilles Baum (dépôt de la motion 3) (interventions de M. Sven Clement) - M. Georges Engel - Mme Josée Lorsché (intervention de M. Fernand Kartheiser) - M. Jeff Engelen (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) (dépôt de l'amendement 1) - Mme Nathalie Oberweis (dépôt de la motion 4) - M. Sven Clement

- Prises de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État - Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

- Motion 1 : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État - M. Georges Engel - M. Sven Clement - M. Fernand Kartheiser - Mme Nathalie Oberweis - M. le Premier Ministre Xavier Bettel - Mme Nathalie Oberweis (intervention de M. le Premier Ministre Xavier Bettel)

- Vote sur la motion 1 (rejetée)

- Motion 2 : M. Fernand Kartheiser - M. Georges Engel - M. Sven Clement - Mme Nathalie Oberweis - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de M. Michel Wolter) -

M. Claude Wiseler - M. le Premier Ministre Xavier Bettel (intervention de M. Michel Wolter)

- Vote sur la motion 2 (rejetée)

- Motion 3 : M. Sven Clement (interventions de M. Georges Engel) - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Mars Di Bartolomeo) - M. Gilles Baum

- Vote sur la motion 3 (adoptée)

- Motion 4 : M. Yves Cruchten - M. Sven Clement (intervention de M. Yves Cruchten) - M. Claude Wiseler - M. Fernand Kartheiser - Mme Nathalie Oberweis - M. Yves Cruchten

- Vote sur la motion 4 (rejetée)

- Vote sur l'amendement 1 (rejeté)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 5. Discours de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

- M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert, Ministre.**

(*La séance publique est ouverte à 10.01 heures.*)

## 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Nee, Här President.

## 2. Communications

Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen.

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert oder vum Rôle gestrach gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

## Communications du Président - séance publique du 24 décembre 2021

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

**7932 -** *Projet de loi sur l'exercice des professions libérales des secteurs de la construction et de l'aménagement du territoire et portant modification :*

1. de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement ;

2. de la loi modifiée du 5 août 1993 concernant l'utilisation rationnelle de l'énergie ;

3. de la loi modifiée du 25 juillet 2002 portant création et réglementation des professions de géomètre et de géomètre officiel ;

4. de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain ;

5. de la loi modifiée du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles ; et portant abrogation de la loi du 13 décembre 1989 portant organisation des professions d'architecte et d'ingénieur-conseil

Dépôt: M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes, le 17.12.2021

**7933 -** *Projet de loi portant :*

1° modification de :

a) la loi modifiée du 15 mars 2016 relative aux produits dérivés de gré à gré, aux contreparties centrales et aux référentiels centraux et modifiant différentes lois relatives aux services financiers ;

b) la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ;

c) la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière ;

d) la loi modifiée du 19 mai 2006 portant transposition de la directive 2004/25/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 avril 2004 concernant les offres publiques d'acquisition ;

e) la loi modifiée du 24 mai 2011 concernant l'exercice de certains droits des actionnaires aux assemblées générales de sociétés cotées ;

f) la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement ; et du

g) règlement grand-ducal modifié du 18 décembre 1981 concernant les dépôts fongibles de métaux précieux et modifiant l'article 1<sup>er</sup> du règlement grand-ducal du 17 février 1971 concernant la circulation des valeurs mobilières ; et

2° mise en œuvre du règlement (UE) 2021/23 du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 2020 relatif à un cadre pour le redressement et la résolution des contreparties centrales et modifiant les règlements (UE) n° 1095/2010, (UE) n° 648/2012, (UE) n° 600/2014, (UE) n° 806/2014 et (UE) 2015/2365, ainsi que les directives 2002/47/CE,





2004/25/CE, 2007/36/CE, 2014/59/UE et (UE) 2017/1132

Dépôt : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 20.12.2021

**7934** - *Projet de loi déterminant le régime des sanctions applicables en cas de violation des dispositions du règlement (UE) 2021/782 du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2021 sur les droits et obligations des voyageurs ferroviaires (re-fonte)*

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 20.12.2021

**7935** - *Projet de loi portant modification de :*

*1° la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;*

*2° la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance*

Dépôt : M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes, le 21.12.2021

**7936** - *Projet de loi portant modification :*

*1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;*

*2° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;*

*3° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance*

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 22.12.2021

*3) Le projet de loi suivant a été retiré du rôle des affaires :*

**6795** - *Projet de loi portant modification de la loi du 13 décembre 1989 portant organisation des professions d'architecte et d'ingénieur-conseil*

Dépôt : M. Étienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 20.03.2021

*Retrait du rôle des affaires : 17.12.2021*

*4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :*

**2154** - *Demande de pétition publique : Autoriser les chauffeurs de bus à ne pas laisser monter les gens qui ne respectent pas le port du masque*

Dépôt : Cheryl Moreira, le 13.12.2021

**2155** - *Demande de pétition publique : Suppression de la double imposition dès le 1<sup>er</sup> jour de télétravail pour les salariés frontaliers du secteur public*

Dépôt : Odile Vinot Préfontaine, le 15.12.2021

**2156** - *Demande de pétition ordinaire : Pétition ordinaire concernant le vaccin Nuvaxovid*

Dépôt : Isabelle Scholzen, le 15.12.2021

**2157** - *Demande de pétition publique : Accorder un congé postnatal de 24 semaines pour la mère et 24 semaines pour le père avec indemnité pécuniaire de 100 % du régime actuel pendant ce congé postnatal*

Dépôt : Diana Toth, le 19.12.2021

**2158** - *Demande de pétition publique : Pour la tenue d'États généraux de la santé*

Dépôt : Laetitia Kimmel, le 22.12.2021

**2159** - *Demande de pétition publique : Arrêt immédiat des mesures discriminatoires 2G et 2G+ concernant le Covid-19. Proposition d'un projet de loi pour un accès aux lieux publics pour tous*

Dépôt : Zerui Lopes, le 22.12.2021

**2160** - *Demande de pétition publique : Keng Maske während Schoulstonnen am Klassesall*

Dépôt : Linda Klaes, le 22.12.2021

*(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)*

### 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

## Le saviez-vous ?

### LÉGISLATURE

La législature est la période pour laquelle sont élus les députés. Elle a en principe une durée de cinq ans à moins qu'il n'y ait d'élections anticipées.



**4. 7936 - Projet de loi portant modification : 1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;**

**2° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;**

**3° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance**

Op eisem Ordre du jour vun de Moie steet de Projet de loi 7936, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Afféierung vun enger Rei vu Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech géif direkt dem Rapporteur vum Projet de loi, dem honorabelen Här Mars Di Bartolomeo, d'Wuert ginn. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Santé et des Sports**

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Ech hat scho gefaart, ech hätt dee falschen Text.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen a Kolleegeen, virun enger Woch hunn ech hei drop higewisen, datt am Kampf géint de Virus, deen eis elo zanter bal zwee Joer plot, krank mécht oder souguer stierwe léisst, näischt honnertprozenteg sécher ass an datt mer eis permanent un d'Situation um Terrain mussen upassen. Ech hat awer net geduecht, datt dat esou schnell misst geschéien an datt ech eng 25. Kéier just virun de Feierdeeg misst, genee wéi Dir, erëm untrieden. Ech hat mech op e puer roueg Deeg gefreet, mee wéi schonns d'lescht Joer, op den Dag genee, ass et aneschtens komm, well de Virus keng Vakanz kennt a keng Vakanz mécht. A sot elo net, dat wär en Zitat vum neie Bundeskanzler: Mir hunn dat schonn d'lescht Joer kënne feststellen an dat ass och dëst Joer nach de Fall.

Fir déi zweete Kéier sinn eis Fester zum Joresenn net esou normal, wéi mer se kannt hunn a wéi mer eis se gewënscht hunn. Mee déi ganz Situation, déi mer dem Verwandlungskëschtle, deen de Virus ass, verdanken, ass net normal. An och wa mer säit dem Ufank vun der Kris an Ongewëssheet liewen - Ongewëssheet schéngt déi nei Normalitéit ze sinn - wësse mer, datt mer net wierlos géint-iwwer der Pandemie sinn. D'Impfen, d'Boostere sinn eng wierksam Waff, kee Wonnerméttel, kee Fräifaartschäin, mee dee wuel wichtigste Schlëssel, fir aus der Kris erauszekommen. Zesummen!

Doniewent gëlle weider déi elementar Virsiichtsmoosnamen, déi mer all kennen, mee leider mat der Zäit heiansdo vernoléisseg. Jo, mir si midd, och emol platt, mee wat ass dat am Verglach zu deenen, déi zënter bal zwee Joer onermiddlech un der viischer Front fir eis Gesondheet kämpfen? An ech mengen, et ass just am Moment dee richtige Moment, fir u si ze denken, wa mer kritiséieren a wa mer eis bekloen. Dat ass näischt am Verglach zu dem Gesondheetspersonal, den Dokteren, déi bis zum Gehnichtmehr duerhalen a fir eis suergen! Mir sinn hinnen duerch eist Verhalen, duerch eist responsabelt Verhalen e Merci schëlleg.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *rapporteur*.- Jo, mir sinn also midd, mee mir wäerten eis wieren. Mir wäerten eis wieren als Gemeinschaft, a genee dat ass d'Zil vun dësem Gesetz: dem Virus esou wéineg Ugrëffspunkte wéi méiglech ze bidden, Masseveranstaltungen vermeiden, impfen, impfen, booster, testen, testen an de gesonde Mënscheverstand asetzen. Dat sinn déi beschd Géigeméttel géint esou en hannerháltege Géigner wéi deen, dee mer kennen oder och net kennen, well e sech dauernd verännert.

Déi aktuell Situation um Terrain weist, datt d'Infektionszuelen eng gewësse Stabilitéit hunn, wann och op engem héijem Niveau. Dat géllt leider och fir d'Hospitalisatiounen, wou laut dem leschte Woche-bilan vun der Santé d'Zuel vu 55 op 58 Neiadmissionen vu Covidpatienten eropgaangen ass.

Dofir ass et op der Intensivstation liicht besser, wou mer vun 23 op 22 zrëckgaange sinn. Ech kennen elo net déi lescht Chiffere vun haut, mee déi wäerte mer och nach gewuer ginn. Hei fält virun allem op, datt vun deenen 22 Patienten op der Intensivstation der 16 net geimpft sinn.

Opgrond vun dësen Zuelen ass d'Phas 3 fir d'Spideeler ausgeléist ginn. Dat heescht, datt den Ament d'chirurgesch Agrëffer, déi net dréngend sinn, kënne verluecht ginn. Mat de Mesuren, déi d'lescht Woch decidéiert gi sinn, wier d'Situation deemno nach eenegermoossen ënner Kontroll gewiescht, wann elo net en neie Krankmécher mat aller Force géif ronderëm sech schloen, dee sougenannten Omikron, well virun enger Woch war nach alles e bëssen aneschtens wéi haut. Kuckt ronderëm lech, da gesitt Der, mat wat fir enger Muecht deen neie Virus oder déi Variant zouschléit. Dës Variant, iwwert déi nach laang net alles gewosst ass, soll bis zu

zëngmol méi ustiechend si wéi déi bis elo dominéierend Delta-Variant. A Länner ronderëm eis ginn nei Rekordwäerter un Infektiounen erreecht, déi gréisstendeels op déi nei Variant zrëckgefuert ginn.

Deemno hu mir zwou Méiglechkeeten: Entweder mir kucken no a waarden, wat geschitt, mam Risiko, datt d'Kand am Pëtz lant, oder mir handelen elo preventiv, fir domadder dat Schlëmmst ze verhënnere. Op d'Gefor hin, datt drop higewise gëtt, datt ee scho beim leschte Gesetz, dat just eng Woch al ass, hätt kënne méi wäit goen, op d'Gefor hin, datt een dat virgeworf kritt, ass awer Näischtmaache keng Option!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *rapporteur*.- „Hätten an hate waren aarme Staaten“, wéi mer dat hei zu Lëtzebuerg soen, an herno ass ee virdrun nach ëmmer vill méi intelligent gewiescht an et wousst een alles virdrun, awer eréischt herno!

Näischtmaache war also keng Option, soss hätte mer riskéiert, eis Spideeler an hir Mataarbechter mat enger Explosioun un Neiinfektiounen definitiv ze iwwerfuere. Dofir dës Adaptatiounen esou kuerz no deem leschte Covidgesetz, fir eis esou extreem Moosnamen ze erspueren, wéi mer se elo an deene leschten Deeg an deene Länner ronderëm eis gesinn hunn.

Dat ass also d'Zil vun deem neie Gesetzesprojet, deen eng Rei vu gréisseren Upassunge virgesäit:

Éischtens d'Afféierung vun 2G+. Konkreet heescht dat, datt d'Sécherheetsnetz ronderëm de Covid-Check-Regimm nach eemol méi staark zesumme-gestreckt gëtt. Konnte bis elo Clienten a Restaurants oder Cafëe goen, wa se en Impfzertifikat oder e Geneesungszertifikat virweise konnten, sou geet dat elo net méi duer. Zousätzlech ass elo och nach d'Realiséiere vun engem Schnelltest op der Plaz noutwendeg.

Alternativ kann een och e PCR-Test oder en zertifizierte Schnelltest virweisen, dee gëlteg ass. Ech wëll allerdéngs drun erënneren, datt d'Gëltegkeet jo mam leschte Gesetz beim PCR-Test vun 72 op 48 Stonnen erofgesat ginn ass a beim zertifizierte Schnelltest vun 48 op 24 Stonnen. Also am Kloer-text: Wann een e valabele PCR- oder zertifizierten Test huet an déi 2G huet, braucht een op der Plaz net nach en zousätzleche Schnelltest ze maachen. Huet ee keen esou en Test, muss de Schnelltest derbäigemaach ginn op der Plaz.

Fir déi Leit, déi en Impfrappell kruten, also geboostert sinn, géllt déi Testpflicht net, dëst well ee gesäit, datt de Booster e Schutz vun iwwer 70 % géint-iwwer dem Omikron opweises huet. Dat si keng 100 %, mee et ass e wierksame Schutz virun engem schwéiere Verlaf vun der Krankheet. Dofir mäin Appell: Loosst lech booster! Ech preziséieren och, datt d'Personal aus dem Horeca net ënnert den 2G+ fält, mee datt fir si den 3G géllt.

Eng zweet gréisser Ännerung betrëfft den Horeca. Cafée, Restaurants an esou weider mussen um spëtstens 23.00 Auer owes hir Dieren zoumaachen.

Da gëtt et och Neierunge betreffend d'Rassemblement. Hei ass d'Kategorie vu Manifestatiounen mat tëschent 11 a 50 Persounen op tëschent 11 an 20 erofgesat ginn. Treffe sech tëschent 11 an 20 Persounen, da gëllen zwou Konditiounen: d'Maskepflicht an d'Anhale vun engem Mindestofstand vun zwee Meter. Rassemblement vun tëschent 21 an 200 Persoune mussen ënnert de Regimm vun 2G+ gesat ginn. Och hei géllt fir Leit, déi geboostert sinn, datt se keen Test musse virweisen. Et gëtt och d'Méiglechkeet, eng Manifestatioun tëschent 21 an 200 Persounen ofzehalen ouni 2G+. Mee da mussen dës dräi Konditiounen agehale ginn: eng Mask droen, e Mindestofstand vun zwee Meter anhalen an iwwer Sëtzplaze verfügen.

Am Prinzip ass all Manifestatioun mat iwwer 200 Persoune verbueden, et sief dann, et gëtt e Protocole sanitaire vun der Direktioun vun der Santé validéiert. Also do ass dee Protokoll, dee „safety protocol“ noutwendeg.

Ausnamen dozou gëtt et an dräi Fäll: Dat ass wann eng Demonstratioun, eng Manifestatioun - „liberté de manifester“ - organiséiert gëtt, wann e Maart do-bausse stattfënnert oder nach am ëffentlechen Transport. Hei géllt just eng Maskepflicht. Mee opgepasst: Déi ass just anzehalen! Am neien Text sinn och Strofbestëmmunge virgesinn, wann dat net agehale gëtt. Dat heescht: Manifestéieren heescht net, all Schutzmoosname vergiessen. De Minimum ass eng Mask droen, net ze verwiesele mam Vermummen, wëll ech hei ënnersträichen!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *rapporteur*.- A bei Demonstratiounen géllt déi Maskepflicht vun 20 bis 200 an och iwwer 200, also doriwwer eraus.

Och d'Schoule si vun dësem Text beträff. Hei gëtt erëm eng Maskepflicht agefuert, dëst fir d'Schüler ab dem zweeten Zyklus. Vun dëser Maskepflicht sinn och d'Enseignantë souwéi soss Schoulpersonal concernéiert.

Den 2G+ géllt och fir sportlech a kulturell Aktivitéiten, dëst ab dem Moment, wou méi wéi zéng Leit un enger sportlecher oder kultureller Aktivitéit deel-huelen. D'Ausname fir Jonker tëschent 12 Joer an 2 Méint an 19 Joer bleiwe bestoen. Fir si géllt den 3G. Dëse Regimm géllt och fir Leit, déi haaptberufflech am Sport oder an der Kultur, zum Beispill als Jugendtrainer oder als Dirigent vun enger Musek, tätég sinn. Fir si géllt den 3G.

Zum Schluss gëtt et och nach Ännerunge betreffend d'Contributioun vum Staat fir déi Käschten, déi net „couverts“ sinn, déi net ofgeséichert sinn, vu betraffene Betriber, ënner anerem aus dem Horeca-Secteur. Hei géllt als Referenzperiod d'Joer 2019.

Och verbessert ginn d'Modalitéiten, fir d'Aide de relance auszerechnen. Hei gëtt de Montant pro Mount a pro Salarié oder Independant op 1.250 Euro eropgesat, géint 1.000 Euro virdrun, dëst fir Entreprene, déi fir dës Hëllefen eligibel sinn, a fir hinnen ze hëllef, déi Kris hei ze iwwerstoen.

Nun zu den Aarbechten an der Kommissioun. Alt erëm eng Kéier huet den Text d'Kommissioun aneschtens verlooss, wéi en erakomm ass. Dozou muss ech awer soen, datt de Staatsrot hei weesentlech matgeholf huet. An der Kommissioun war d'Diskussioun opkomm - fir kuerz dorop anze-goën -, ob een am Kader vum 2G+ niewent de Selbsttester op der Plaz net och kéint PCR-Tester an zertifizéiert Tester unerkennen, déi vu geimpften oder geheelte Leih gemaach gi sinn. Abee, de Staatsrot huet dat d'selwecht gesi wéi mir an eis eng Textpropos gemaach, déi mer iwwerholl hunn, soudatt mer zu deem Resultat komm sinn, dat ech lech virdru virgedroen hunn.

Kappzerbrieches huet eis an der Kommissioun och d'Fro ronderëm d'Oplage bei Demonstratiounen a Baussemäert an am ëffentlechen Transport bereet. Mee och do konnte mer mam Staatsrot a mat der Regierung déi Solutioun fannen, déi ech lech virdru virgestallt hunn.

An der Kommissioun ass och d'Fro opgeworf ginn, wéi d'Gesetz an de Kinoen applizéiert gëtt. Do ass zrëckbehal ginn, datt d'Regierung fir déi néideg Klarifikatiounen suergt.

Zu der Prozedur, an da kommen ech zum Schluss, well ech och scho meng Riedezäit amgaange sinn ze iwwerschreiden: Den Depot vum Text war den 22. Dezember. D'Kommissioun huet dee selwechten Dag hir Aarbechten opgehall. Den Avis vum Staatsrot ass een Dag méi spët komm, den 23. Dezember. D'Kommissioun huet den Avis direkt analyséiert an d'Propositiounen vum Staatsrot iwwerholl. De Rapport vun der Kommissioun gouf de Moie majoritär ugehall.

E Resümmee vun de weideren Avisen ass am schrëftleche Rapport ze fannen. Dëst sinn d'Avisen vum Collège médical, vun der Dateschutzkommission, vun der Chambre de Commerce, vun der Salariatskummer a vun der Chambre des Métiers. Bemierkenswäert ass, datt de Collège médical sech kloer fir eng allgemeng Impfpflicht ausgeschwat huet.

Wann de Projet haut vun der Chamber verabschitt gëtt an d'Dispens vum zweete Vott vum Staatsrot kritt, dann trëtt e muer, Samschdeg, bei Dagesufank a Kraaft.

Zum Schluss e Merci un all déi Leit, déi aus dem Congé zrëckkomm sinn, déi hei matugepaakt hunn, déi och e puer roueg Deeg verdéngt hätten, mee déi awer alleguer matugepaakt hunn, schnell, gutt geschafft hunn. Merci fir déi exzellent Zesummen-aarbecht vun deene verschiddenen Institutiounen - Regierung, Chamber, Conseil d'État - an och deene berodenden Instanzen, déi erëm eng Kéier ganz séier hir Avisen ofgeliiwert hunn. An et bleift mir nach just jiddwerengem ze soen: Passt gutt op lech op, sidd virsiichteg, maacht dat Beschd aus de Feierdeeg a bleift gesond! An lech, Här President, soen ech Merci fir Är Gedold!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An ech soen dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo villmools Merci fir säi wéi gewinnt prezise Rapport.

Ech ginn dann d'Wuert un den éischten ageschriwene Riedner, den honorabelen Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

■ **M. Claude Wiseler** (*CSV*).- Villmools merci, Här President. Ech wëll mech all de Mercien unschléissen, déi eise Präsident elo just gesot huet. Et ass effektiv exzeptionell, wat d'Personal hei an der Chamber, an de Fraktiounen geschafft huet, well d'Delaen, déi mer haten, waren nach méi kuerz wéi déi vun deene Gesetzestexter virdrun. An ech soen dem President och Merci fir déi geleschten Aarbecht. Dat war net ëmmer evident, dat Ganzt.

Här President, mir kënnen net esou weiderfueren. Mir kënnen net weiderfueren, all puer Méint eis Gesellschaft ëmmer op en Neits anzegrenzen, anezspären, Restaurants zouzemaachen ëm eng gewëssen Zäit, Kultur a Sport anzeschränken, Schou-





len a Schüler schwiereg Konditiounen ze imposéieren. De Leit kënne mer net éiweg esou eppes opdrängen, well dat huet Risiken, net nëmmen ekonomescher, mee och ekonomescher. Et huet psychologesch Risiko fir jiddweree vun eis, fir eise soziologeschen Zesummenhalt, fir d'psychologeschen an d'schouleschen Entwécklung vun eise Kanner, fir eis Gesellschaft, déi vill gudder Wëlle beweist, mee wou mer vill individuelle Schued hannerloossen. Et huet Konsequenzen fir d'mental Gesondheet vun eiser Gesellschaft. An eis Gesellschaft, ech soen dat ganz kloer, muss lues a lues erëm hir Fräiheet erëmkréien. Mir mussen erëm kënnen normal liewen, normal matenee Kontakt hunn.

Mir wëlle keen neie Lockdown. Mir wëllen och net all zwee oder all véier oder all sechs Méint erëm nei aschneidend Restriktiounsmaassnahmen. Esou kann et net weidergoen. Mir gesinn, dass all déi preventiv Maassnahmen eis eleng net zum Zil féieren. Mir gesinn, dass just e gemeinsamen Effort vun eiser Solidargemeinschaft eis kann zum Zil féieren.

Dofir plädéiere mir fir d'Aféierung vun enger allgemenger Impfflicht ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - ... a géifen elo - elo! - gären iwwer d'Modalitéiten an d'prakteschen Ëmsetzung schwätzen. Dës Aféierung kann an Etappen, an engem Stufeplang sinn, mat Prioritéiten fir exposéiert Beruffer, zum Beispill d'Gesondheitsberuffer, zum Beispill d'Fleegerberuffer, mat Prioritéiten fir verschidden Altersgruppen. D'Regierung soll hei kuerzfristeg e Konzept virleeën, iwwer d'Modalitéiten an d'Konsequenzen brauche mer elo eng Diskussioun.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mir dierfe keng Zäit verléieren. Mir wëllen net de 15. Januar déi Diskussioun ufänken. Mir brauchen de 15. Januar e Konzept dofir hei um Dësch.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - A an dat Konzept, dass soll och beinhalten: éischten, dass genuch Impfstoff do ass, fir esou eng Impfflicht an d'Realitéit ëmzesetzen, zweeten, dass d'Leit och kënnen de Choix vun hiren Impfstoffen kréien. Mir wëssen, dass nei Impfstoffen wäerten op de Maart kommen. Den Novavax, wat en Dopingstoff ass, bréngt eng Rei Perspektive fir verschidde Leit, déi dorop gewaart hunn. An drëtten mussen mer och d'Reegele vun den Ausnahmen virgesinn, dass brauch nach e weenigen Aarbecht.

Mir hu laang gemengt, mir kéinten derlaanscht kommen. Mir sinn elo iwwerzeegt, dass dat net de Fall ass. Mir haten Diskussiounen bei eis an der Fraktioun iwwer déi eethesche Aspekter vun esou enger Maassnam. Eis Argumenter sinn déi selwecht wéi déi, déi mer an dem Avis vum 8. Dezember vum Nationalen Eethiksrot kënne liesen respektiv déi och an der Commission nationale des droits de l'homme ugeschwat gi sinn, respektiv wéi och déi, déi den Däitschen Eethiksrot a sengem Avis ervirbréngt.

Den Nationalen Eethiksrot mécht am Avis vum 8. Dezember e kloeren Ënnerschied tëschent Impfflicht engersäits an Impfzwang op där anerer Säit, dee mer a kengem Moment wëllen. An den Eethiksrot seet ganz kloer, dass d'Impfflicht, déi aktiv an déi direkt Impfflicht fir erwuesse Leit, wa se eethesch argumentéiert ass, wa se demokratesch decidéiert ass a wa se legal encadréiert ass, absolutement a parfaitement justifiabel ass an alle Gesichtspunkten.

Den Eethiksrot justifiéiert déi Haltung an der haiteger Situatioun mat enger aussergewöhnlecher Däitlechkeet an e stellt fest, dass den Individuum eethesch net ëmmer fräi ass, sech a Gefor ze setzen, dass haaptsächlech wann de Gebrauch vun dëser Fräiheet op d'Fräiheet vun anere Konsequenzen huet. Dass gouf kloer an däitlech vum Eethiksrot esou gesot.

A weider seet en, dass de Solidaritéitsprinzip, op deem eis Gesellschaft berout, net just dora besteet, vum Wohlfahrtsstaat ze profitéieren, mee och noutgedrungenfalls Flichte mat sech bréngt. D'Solidaritéit kann net als Sens unique geduecht a geléift ginn. Och dass si kloer Aussoen.

*(Interruption)*

Den Däitschen Eethiksrot argumentéiert op eng ganz änlech Aart a Weis. An och de President vun der Commission consultative des droits de l'homme seet kloer, dass an dësem Fall, an deem Fall wou mer elo sinn, d'Impfflicht eng justifiéiert a legitim Beschränkung vun de Mënscherechter ass. Eng justifiéiert an eng legitim!

Mee eng Impfflicht hëlleft natierlech net immediat, dären si mer eis absolut bewosst. Si hëlleft net immediat géint déi aktuell Kris, déi elo virun der Dier steet. Hei muss reagéiert ginn, nach eng Kéier an zousätzlech zu deem, wat mer d'lescht Woch gestëmmt hunn. Dass fir eis ganz kloer.

Mir kënne mam Prinzip vun de Maassnahmen, déi hei proposéiert ginn, liewen. Dass am Evenementiel muss gekuckt ginn, fir keng Megaspreeder-Events

ze organiséieren, ass absolutt logesch a richtig. Wann den Omikron iwwer Aerosolle geet an zéngmol méi ustiechend ass, dann ass et fir eis kloer, dass liicht et eis an, dass an Discoen, a Caféen, a Restaurants net méi an deem Mooss d'Ouverture méiglech ass, wéi se momentan ass. Déi Aschränkung liicht eis an. Dass bei gréisseren Evenementer, iwwer 20, méi strikt Reegelen an en 2G kommen, dass hu mer souwiesou schonns gefrot. Dass dobäi Schnelltester sur place gebraucht ginn, war och eng Demande vun eis. Dass ekonomesch Hëllef mussen deementspreechend adaptéiert ginn, dass liicht och jiddwerengem an an ass och an all deene Rieden, déi mer bei deene leschte Gesetzgeber gehalt hunn, vun eis, mee och vun alle Leit, vun alle Bänken hei gesot ginn.

Dass wat mer par contre absolutt net verstinn, dass ass, dass d'Regierung mécht, wéi wann dass elo alles nei wär, an dass fénnef Deeg nodeems dass mer dass viregt Gesetz gestëmmt hunn! Jo, et kommen all Dag nei Etüden eraus. An dass wäert an deene kommende Wochen och esou weidergoen. Mee d'Regierung wousst awer och schonns d'lescht Woch oder viru 14 Deeg, dass et den Omikron géif ginn, dass e weesentlech méi ustiechend wär wéi déi schonns ustiechend Delta-Variant. An dass en zwar net noutgedrungenfalls méi pathogen wär, mee dass mer duerch déi grouss Ustiechlechkeet a manner Effektivitéit vun de Vaccinen op den Omikron virun der Gefor vun enger Iwwerlaaschtung vun de Spideeler géife stoen, där Gefor ware mer eis och schonn d'lescht Woch a viru 14 Deeg bewosst.

Dass war alles bekannt. A mir hätten am Fong vun der Regierung erwaart, dass déi zousätzlech Maassnahmen, déi eventuell kéinte kommen an iwwer déi mer haut schwätzen, och schonn d'lescht Woch zumindest a Perspektiv gesat gi wäeren, och wa mer se nach net applizéiert hätten. Mir hätten erwaart, dass déi Maassname schonn duerchdiskutiert hätte kënne ginn. Mir hätten erwaart, dass déi Texter scho virbereet gewiescht wäeren. Mir hätten erwaart, dass preventiv schonn déi Texter mat all deene Concernéierten duerchgeschwat hätte kënne ginn.

Mir hu säit Méint e Plang, e Katalog vu Maassnamen, déi gegebenefalls applizéiert kéinte ginn, déi preparéiert wäeren a wou déi noutwendeg Concertatiounen scho mat deene Concernéierte geschitt wäeren.

*(Brouhaha)*

Mir hu virun enger Woch nach iwwer eng Motioun vun deene Lénken heibanne geschwat, déi a sech e Stufeplang gefrot hunn. Mir hunn déi ofgewise kritt mat ëmmer deem selwechten Argument, dem Argument, dass ass: „Mir brauche méi Flexibilitéit.“ An dass ass d'Approche vun der Regierung: ëmmer méi Flexibilitéit ze hunn. Mir soen, also ech soen: Dir nennt dat Flexibilitéit. Ech nennen et Onpreparéiertheit, ech nennen et Desorganisatioun an ech nennen et iwwerstierzt Handeln!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - An d'Konsequenz dovun, dass ass déi Schwierigkeet, déi mer hunn, fir eng korrekt legislativ Aarbecht ze maachen an deem Zäitraum, dee mer kréien.

An déi aner gréisser Schwierigkeet, dass ass, dass d'Leit sech net konnte virbereeden an einfach viru Fait-accompli gesat ginn, mat all deenen enorme Konsequenzen fir eenzel Leit, dass dat kann hunn. Hätte se eng Woch méi gehat, hätte se an engem Plang gewosst, dass fir eng Maassnahmen eventuell géife kommen, dann hätte se sech weesentlech anescht kënne virbereeden, hir Preparativen anescht kënne maachen an och vläicht eng ganz Rei Engagementer an Depensen net maache kënnen, wéi dass elo geschitt ass. Dass ass an eisen Aen eng schlecht Regierungsaarbecht, fir eis eng amateurhaft, well net uerdentlech preparéiert Regierungsaarbecht!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Wann dës Maassnahmen elo a Kraaft trieden, sinn e puer Punkte wichteg. Éischten: Mir mussen mam Boostere virkommen, aus gesondheetleche Grënn, mee och, well Avantagé fir déi Leit am Gesetz stinn, déi geboostert sinn. Dass ass haut problematesch. Et gétt, souwäit mir dass gemellt kréien, laang Waardezäiten op den Impfstationen, fir Rendez-vousen ze kréien. Ass et, well net genuch Impfstoff do ass? Ass et, well net genuch Leit do sinn? Et ass un der Regierung, eis dass ze soen.

Mir sinn och der Meinung, dass esou fréi wéi méiglech soll kënne geboostert ginn. Ech weess, dass d'Regierung den Delai vu sechs Méint liicht erofgesat huet. Wann et medezinesch méiglech ass, dass nach méi fréi ze maachen, dass wäre mir der Meinung, dass soll esou schnell wéi méiglech agefouert ginn.

Mäin zweete Punkt, dass ass, dass elo eng Oblatioun vu Schnelltester fir déi, déi net geboostert sinn, agefouert gétt, also an anere Wieder och eng Dispens fir geboostert Leit.

Mir hoffen, dass déi Maassnam, dass heescht d'Dispens dovunner, wéi d'Ministesch et gesot huet, och medezinesch Grënn huet an net nëmmen en Incitatif ass, fir dass d'Leit sech solle boostere loossen, well soss ass et an eisen Aen net sënnvoll. Soss wär souguer dat Ëmgedréit sënnvoll: dass déi Leit, déi geboostert sinn, sech och nach missten teste loossen. Mir hoffen, dass déi medezinesch Grënn och esou do sinn, wéi mer dass beschriewe kruten.

An deem Kontext si mer der Meinung, dass d'Schnelltester gratis zur Verfügung sollte gestallt gi fir déi Leit, déi sech nach net konnte boostere loossen, déi sech wëlle boostere loossen, mee déi nach net konnten. An deem Sënn ginn ech och, Här President, eng Motioun hei eran.

**Motion 1**

*D'Chamber*

*stellt fest, dass*

*- Persounen, déi nach keng Boosterimpfung kritt hunn, sech mussen teste loossen, nodeems d'Regierung decidéiert huet, d'2G+-Regel am Fräizäitberäich anzeféieren,*

*fuerdert d'Regierung duerfir op,*

*- Persounen, déi nach net konnte „geboostert“ ginn, direkt gratis Schnelltester an ausreechendem Mooss zur Verfügung ze stellen.*

*(s.) Claude Wiseler, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Marc Spautz.*

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Drëtten: Déi Bähillefe fir d'Betriben, do muss natierlech séchergestallt ginn, dass se och op déi haiteg Situatioun adaptéiert ginn. Si ginn elo verlängert. Ech mengen, dass mer müssen an deenen nächste Woche kucken, ob se all deem Rechnung droen, dass dann elo an dësem Text un Detailler anescht ass, an dass mer mussen kucken, ob se nach ëmmer adaptéiert sinn, deem Rechnung droen, dass Realitéit ass.

Véiertens: Mir brauchen och en adaptéiert Schoulkonzept fir d'Rentrée an enger Woch. Et geet net just duer, dass elo d'Maskenobligatioun agefouert gétt. Mir brauchen, a mir hunn dass schonn ëfters gefrot, déi Luftfilteren an de Klassen, mam Omikron méi wéi jee! Mir brauchen d'Koordinatioun mat de Crèche, mat de Bussen, mam Transport. Mir brauchen d'Mise en place vun engem konsequenten Homeschooling. Dass ass eng Noutwendegkeet. Mir brauchen Ulafstelle fir Elteren, wou se kënnen Informatiounen kréien. Mir brauche mobil Ekippen an de Schoule fir d'PCR-Tester. Alles dass muss an där neier Situatioun sinn. Alles dass muss an deem Konzept fir d'Schoulrentrée onbedéngt virleien, fir dass dass kann an uerdentleche Konditiounen oflafen.

Par ailleurs, dass soen ech awer och hannendrun, begrësse mer d'Decisioun vun der Regierung, déi Kanner zwëschen fénnef an zielef Joer ze impfen. Mir hunn dass och säit Längerem gefrot. Dass ass positiv, dass dass elo gemaach gétt. Mir soen awer grad esou hannendrun, dass mer feststellen, dass d'Informatiounscampagne, dass déi do Kategorie vu Kanner ugeet, déi Fénnef- bis Ziewelefjärege, net onbedéngt esou eriwuerkënt wéi dass, dass d'Realitéit ass: Well et si vill Leit, déi op e Bräif waarden, fir hire Kanner kënnen e Rendez-vous ze froen, an net wëssen, dass se dee Rendez-vous einfach mat der Nummer vun der Sécurité sociale iwwer den Internet elo kënnen ufroen. Och do muss d'Kommunikatioun prezis gemaach ginn, dass d'Leit elo net Zäit verléieren, fir déi, déi wëllen hir Kanner impfe loossen.

Fénnefte Punkt: Mir regrettéieren och munch Onkloerheet, déi nach ëmmer am Text steet. Mee dorop ginn ech net an, well ech net d'Zäit dofir hunn. Mee déi selwecht Remarken, déi ech d'leschte Kéier an der Ried gemaach hunn, gëllen zu engem groussen Deel nach ëmmer.

Als Konkusioun wëll ech soen, dass dësen Text - wéi vill anerer virdrun - weist, wéi d'Regierung an dëser Kris handelt: onpreparéiert, iwwerstierzt, spéit an ouni Konzept.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mir kënnen hei zu Lëtzebuerg net esou weiderfueren, andeem mer dauernd op- an zoumaachen. D'Leit gi frustréiert an eis Gesellschaft leit dorënner.

Mir brauchen eng Visioun, e Wee, wéi mer an deenen nächste Méint zilstreebeg wëlle virgoen. Dozou gehéiert an eisen Aen eng allgemeng Impfflicht an dofir deposéieren ech och an dësem Kontext eng Motioun, Här President.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

**Motion 2**

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*- l'effet dévastateur de la pandémie ayant déjà causé plus de cinq millions de décès à travers le monde, plus de 800.000 dans l'Union européenne et plus de 900 au Luxembourg ;*

*- le risque accru avec l'apparition de nouveaux variants de voir nos systèmes de santé débordés et les unités de soins intensifs, respectivement les blocs opératoires, bloqués par des patients atteints par le Covid-19, empêchant ainsi d'autres malades d'être diagnostiqués et traités rapidement ;*

*- que les professionnels de la santé ainsi que tout le personnel soignant se trouvent en état d'alerte depuis le début de la pandémie et par conséquent ainsi fortement exposés à l'épuisement physique et moral ;*

*- que la situation dans nos pays voisins s'est aggravée ;*

*- que l'épuisement et la lassitude se font ressentir auprès de la population qui a de plus en plus de mal à suivre les modifications fréquentes de notre législation ;*

*- que les jeunes sont depuis de longs mois directement touchés par les aménagements nécessaires au niveau scolaire et par des relations sociales restreintes ;*

*- que de nombreuses entreprises se trouvent, malgré les aides substantielles de l'État, dans une situation difficile ;*

*- que l'utilité et l'absolue nécessité d'une large couverture vaccinale est reconnue par toute la communauté scientifique ;*

*- l'avis du 8 décembre de la Commission nationale d'éthique qui avance les « considérants » ci-dessus énumérés et qui conclut clairement que « L'obligation vaccinale "active/directe" pour les personnes majeures, éthiquement argumentée, démocratiquement décidée et légalement encadrée est parfaitement justifiable de tous les points de vue, et n'a pas à se servir de portes dérobées imaginaires. » ;*

*- qu'une obligation vaccinale générale constitue aujourd'hui une nécessité pour durablement endiguer la propagation du virus et de ses variants et pour éviter une surcharge des établissements hospitaliers ainsi que le report d'interventions non liées au Covid-19 et enfin pour réduire au minimum la mortalité liée aux infections dues au Sars-CoV-2,*

*invite le Gouvernement*

*- à préparer dès à présent la mise en place d'une obligation vaccinale générale dès l'âge de la majorité et à présenter un concept y relatif pour la mi-janvier 2022 ;*

*- à commencer par une vaccination obligatoire des professionnels de santé et du personnel soignant et à définir un échéancier clair pour la suite ;*

*- à se procurer les quantités de vaccins nécessaires pour implémenter dans un délai rapproché cette obligation vaccinale ;*

*- à définir les conditions cadre pour rendre l'obligation vaccinale effective ;*

*- à s'impliquer activement au niveau européen pour que l'obligation vaccinale devienne la norme européenne ;*

*- à mobiliser toutes les ressources et à user de tous les canaux de communication pour sensibiliser et informer en continu la population sur les enjeux de l'actuelle crise sanitaire et le bénéfice d'une vaccination.*

*(s.) Claude Wiseler, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Marc Spautz.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mir froen an dëser Debatt, dass iwwer dës Motioun virum Gesetz ofgestëmmt gétt, well wann d'Regierung bereet ass, op dëse Wee mat eis ze goen, kënne mer dëse Gesetzestext, dee mer haut stëmmen, als eng Etapp op deem Wee, dee mer zesumme festhalen, gesinn. Da stëmme mer dëse Gesetzestext mat. Ass dass net de Fall, ass et just eng onpreparéiert, iwwerstierzt agefouert Maassnam, wou näischt hannendrukënt a wou keng Visioun a kee Wee hannendrun opgezeechent ginn, wou kee Konzept virläit, dass wäerte mer dergéint stëmmen. Net géint déi Maassnahmen, déi mer kënnen akzeptéieren, mee géint eng Politik, déi säit Méint Zickzackkurs fiert, déi hir Kommunikatioun steeteg doniewentsetzt an déi och keng Visioun a kee Konzept fir d'Zukunft huet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wiseler. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, déi nei Virusvariant, den Omikron, ass ëm e Villfacht méi ustiechend wéi den Delta, dee mer bis elo kann hunn. An dee klappt kuerz virun de Feierdeeg un eiser Hausdier a mir müssen alles maachen, fir dem Virus d'Dieren esou mann wéi méiglech wäit opzemaachen. Dorëms geet et haut.





D'Inzidenzen an d'Erfarungen aus dem Ausland, déi schwätzen eng kloer Sprooch: Iwwerall do, wou déi nei Variant opgetaucht ass, huet et net laang gedauert, bis se sech géint alleguer déi aner Varianten duerchgesat huet. Dat trëfft mëttlerweil souwuel fir Groussbritannien, fir Portugal wéi och fir Dänemark zou. A bei eise belschen Noperen hu sech d'Ustiechunge mam Omikron iwwert de leschte Weekend verduebelt.

D'Infektioune klamme weider an d'Experte ginn de Moment dovun aus, dass sech déi nei Variant spéitstens Mëtt Januar wäert a ganz Europa duerchgesat hunn. Ech muss lech hei kee Bild molen: Et wäert och net laang daueren, bis den Omikron och hei zu Lëtzebuerg säin Onwiesen dreift. Bannent kierzter Zäit wäert hien hei och déi dominant Variant sinn. An dorobber musse mer eis astellen.

Här President, zënter Ufank vun der Kris hu mir et als Land ëmmer fäerdegbruecht, fir e gesonden Equilibër a gesonde Mëttelwee ze fannen tëschent de Fräiheeten op där enger Säit an awer och méi restriktive Mesuren op där anerer Säit. Dat ass an dat bleift de Lëtzebuurger Wee: Mir wëlle sou mann wéi méiglech, mee sou vill wéi néideg sanitär Mesuren ergäifen.

Dat setzt awer viraus, dass mer eng gewësse Reaktivitéit a Kaf mussen huelen, fir séier an effikass op nei Momenter kënnen ze reagéieren. An den Omikron ass definitiv esou een neie Moment!

Déi néideg Reaktivitéit, dat ass eis Tromp a gläich-zäiteg de Revers vun där ugestrieffer Flexibilitéit. Dofir kann ech net all Kritik zum Zäitpunkt vun dësem neie Gesetz esou stoe loossen. Déi sanitär Mesurë goufe schonn am leschte Gesetz dättelech verschäerft. Dat solle mer net klengrieden. An d'Zilsetzung vun der Regierung ass, mengen ech, kloer. Den obligatoreschen 2G am Fräizäitberäich, den 3G op der Aarbecht an och d'Verkierzung vun der Lafzäit vun den Tester, fir nëmmen dat ze nennen, sinn déi richteg an déi adequat Äntwerten op déi deemoleg an och op déi jëtzege Situatioun. Wat de Fong ugeet, sinn déi Mesurë jo och, mengen ech, vu kengem heibannen oder vun deene mannste Parteien heibanne contestéiert ginn.

Wann een elo awer zwou Wochen nom Depot vum leschte Gesetz gesäit, mat wéi enger Wucht den Omikron an Europa zouschléit, wann ee gesäit, dass d'Variant sech wéi e Laffeier verbreet, a wann ee gesäit, dass Haaptstied - London - den Noutstand mussen ausrufen, well d'Krankmeldunge bei de systeemrelevante Beruffer an den Himmel schéissen, dann däerf ee keng Zäit verléieren an da muss ee séier handeln.

Mir maachen dat net, well et am Moment hei am Land aus sanitärer Siicht onëmgänglech wär. Et goufe bis elo e Grappvoll Omikron-Fäll zu Lëtzebuerg entdeckt. Mee dat wäert awer net laang esou bleiwen. Neen, mir maachen dat, well mer déi Omikron-Well oder Omikron-Mauer, wéi se an Däitschland soen, wëllen anticipéieren a soumat de Virus scho virun der Entréesdier ausbremse wëllen.

Am Verglach zu der Delta-Variant kënn eng weider Schwierigkeet derbäi: Mir wëssen nämlech nach net richteg, mat wem mer et ze dinn hunn. Den héijen Infektiounsrisiko vum Omikron schéngt gewëss, mee bei der Virulenz, par konter, do hu mer nach kee kloert Bild.

Mir wëssen nach net eendeiteg, wéi schlëmm de Krankheetsverlaf bei der Omikron-Infektioun an der Reegel ass. Mee souguer wa sech soll erausstellen, dass de Krankheetsverlaf manner schlëmm ass, wéi dat bei de viregte Varianten de Fall war, dann heescht dat net, dass een den Omikron soll manner eescht huelen. Ganz am Géigendeel!

Och wann d'Inzidenzen duerch d'Omikron-Infektiounen a kengem Verhältnis zu den Hospitalisatioune sollte stoen, esou wäert déi héich Inzidenz awer e signifikativen Afloss op eist alldeegelecht Liewen hunn. Wa vill Leit matenee krank ginn, da stellt dat eis a ville Beräicher viru grouss Erausforderungen, besonnesch bei systeemrelevante Beruffer. Bis elo konnte mer déi Ausfäll hei zu Lëtzebuerg mat ganz, ganz vill Méi opfänken, och well déi Berufsgruppen, wéi zum Beispill d'Gesondheetspersonal, säit iwwer zwee Joer iwwer hir Grenzen erausginn. Mir mussen alles maachen, dass si net nach weider strapazéiert ginn, well si lafe scho säit längerer Zäit op der Felg.

Dat selwecht gëllt och fir d'Pompjeeën, d'Police, d'Education an d'Educateuren. Alles systeemrelevant Beruffer, déi deelweis elo scho mat enger chronescher Penurie ze kämpfen hunn.

Här President, ech ginn hei net op all Upassung vum Gesetz an. Den Här Reporter Mars Di Bartolomeo huet dat, wéi ëmmer, virbildlech gemaach an ech wëilt em dofir hei Merci soen. Ech wëll just d'Aféierung vum 2G+ ervirhiewen. Mir wëssen, dass den Impfschutz beim Omikron manner effikass ass, ausser et ass ee scho geboostert. Et ass also en zousätzlechen Incentive, fir sech boosteren ze loossen.

Fir eng zousätzlech Sécherheet ze schafen, mussen net geboostert Leit ab muer zousätzlech e Schnelltest virweisen, fir an de Restaurant oder an de Café ze goen. Ech sinn der Meenung, dass een och hei e Mëttelwee fonnt huet, deen et erlaabt, d'Etablissementer opzeloossen. Dat war déi grouss Suerg vun de Betriber a vun eis alleguer.

Déi näämmlecht Schnelltestreegel gëllt fir Fräizäit-rassemblementer. Ab enger Zuel vun zéng gëllt den 2G, ab enger Zuel vun 20 den 2G+, erëm mat enger Ausnam fir geboostert Leit.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, als DP si mer eis bewosst, dass vill Betriber sech de Joreswiessel anescht virgestallt hätten. D'Preparative fir gréisser lessen, fir Baler, fir grouss Evenementer sinn op Héichtoure gelaf. Net all vun deene Manifestatioune wäerten elo kënne stattfannen. Mir begreissen dowéinst, dass d'Aidë fir d'Betriber och ugepasst respektiv bis de Februar 2022 verlängert ginn.

Wéinst dem groussen Ustiechungsrisiko vum Omikron wäert ab Januar och nees d'Maskepflicht an de Schoule gëllen. Ab enger Unzuel vun zéng Leit gëllt bei private Rassemblementer weider d'3G-Reegel, an dat trëfft och op déi meescht Familljen-iesse ronderëm d'Feierdeeg zou.

Ech wëll dofir nach eng Kéier u jiddwereen dobaussen e waarmen Appell maachen, fir virsiichteg ze sinn a virsiichteg ze bleiwen. Den Omikron ass sécher net dat, wat mir eis dëst Joer ënnert dem Chrëschtbeemche gewënscht hätten. Sidd dofir solidaresch ee mat deem aneren. Denkt un lech an un Är Léifsten. Maacht Schnelltester, fir den Ustiechungsrisiko ze miniméieren. A passt op lech op!

Här President, de Begrëff „pandemidd“ huet eis déi lescht Deeg gepräägt. Mir si pandemidd. D'Leit dobausse si pandemidd. Jiddwereen ass pandemidd! Dëst trëfft allerdéngs besonnesch op déi Leit zou, déi zanter Ufank vun der Kris un der éischer Front stinn. Ech denken hei un d'Gesondheets- an un d'Fleegepersonal. Si leeschten zanter ganz laange Méint Heroesches, net nëmme physesch, mee och mental.

An d'Gewëssheet ze hunn, dass een och dëst Joer sech muss op en haarde Wanter astellen, mécht et net méi einfach. Si schaffen un der Limitt vun hirer Belaaschtungsgrenz. An ech wëll hinnen nach eng Kéier e ganz, ganz grouse Merci soen an - ech mengen, an eis aller Numm - eisen déifste Respekt ausschwätzen!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Kommt, mir maachen hinnen d'Aarbecht net och nach méi schwéier!

Impfflicht: Dat Wuert ass elo hei gefall. Ech wëilt am Numm vun de Kolleeg vum der LSAP, deene Gréngen an och natierlech vun der DP eng Motioun hannerleeën, an där mer a ganz, ganz kuerzem Ofstand, am Ufank vum Joer en Débat de consultation hei ufroen, wou jiddwereen, all Partei kann hir Vuen op den Dësch leeën. Den Här Wiseler huet d'Vuë vum Eethikrot zitëiert. Dat si mat Sécherheet ganz valabeler. Ech sinn awer iwwerzeegt, dass all Partei hei och nach Argumenter op den Dësch ze leeën huet. An dofir, Här President, erlaabt mer, dës Motioun hei ze hannerleeën.

### Motion 3

« *relative à l'analyse de l'opportunité d'introduire une obligation vaccinale sectorielle ou universelle »*

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que la vaccination est un moyen sûr et efficace pour se protéger contre une maladie Covid-19 symptomatique et contre une évolution grave* ;

- *considérant que la vaccination est également un acte de responsabilité et de solidarité envers l'ensemble de la société* ;

- *soulignant que chaque vaccination permet d'alléger la charge qui pèse sur les hôpitaux et les professionnels de santé* ;

- *rappelant que la vaccination est le seul moyen d'atteindre une protection collective suffisante pour maîtriser durablement la pandémie et permettre un retour progressif à une vie quotidienne normale* ;

- *constatant que, malgré les efforts considérables du Gouvernement pour faciliter l'accès à la vaccination et le lancement des campagnes d'information et de sensibilisation, le taux de vaccination est encore insuffisant pour y parvenir et atteindre l'immunité collective* ;

- *vu la propagation fulgurante attendue du nouveau variant Omicron, qui présente selon l'OMS un « risque mondial très élevé »* ;

- *notant que les personnes non vaccinées ont plus de deux fois plus de risque d'être infectées que les personnes avec un schéma vaccinal complet* ;

- *notant que, pour la semaine du 13 au 19 décembre, 28 patients sur 58 hospitalisés en soins normaux n'étaient pas vaccinés (30 avaient un schéma vacci-*

*nal complet), alors que 16 patients sur 22 en soins intensifs n'étaient pas vaccinés*¹,

*invite le Gouvernement*

- *à continuer à suivre attentivement les développements en matière de l'obligation vaccinale dans nos pays voisins, en Europe et au niveau international* ;

- *à faire une demande pour organiser un débat de consultation portant sur les conclusions de cette analyse* ;

- *à tirer les conclusions nécessaires de ce débat de consultation afin de pouvoir lancer, le cas échéant et le plus vite possible, une procédure législative destinée à créer une base légale pour l'introduction de l'obligation vaccinale.*

(s.) Gilles Baum, Georges Engel, Marc Hansen, Carole Hartmann, Josée Lorsché.

¹ COVID-19: Rétrospective de la semaine du 13 au 19 décembre

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Baum.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Ass et eng Motioun oder eng Demande?

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Eng Motioun.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Eng Motioun fir ...

■ **M. Gilles Baum (DP).** - ... en Débat de consultation.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - ... eppes unzefroen an der Chamber. Dofir brauch een normalerweis keng Motioun!

(*Brouhaha*)

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - D'DP-Fraktioun ...

(*Brouhaha*)

D'DP-Fraktioun wäert d'Upassung vun dësem Covidgesetz matstëmmen, well se am Hibleck op déi nei Variant noutwendeg ass. Mir mussen d'Schrauwen nach eng Kéier unzéien, fir gutt iwwert d'Feierdeeg ze kommen. A Mëtt Januar wësse mer, mat wat fir enger Wucht d'Well vum Omikron bei eis ukomm ass, an da kucke mer, ob mer zousätzlech Wellebrieche brauchen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn nach ganz vill Zäit um Compteur. Erlaabt mer dofir, vun dëser Plaz aus e puer Wieder u meng Duechter ze riichten, an u meng Duechter stellvertrierend fir ganz, ganz, ganz vill Jonker dobaussen: Sophie, ech weess, dass de traureg bass an och rosen an enttäuscht. A wann ech haut 19 Joer hätt, da wär ech och enttäuscht. Ech wär enttäuscht, well d'Studentebaler, déi awer d'Enn vum Joer fir ganz vill Jugendlecher ausmaachen - Studentebaler si Fester, op deenen ee seng Kolleeg vum der Uni erëmgesäit, et si Fester, fir déi ee sech schick mécht, et si Fester, op déi een einfach ausgelooosen zesumme feiere geet -, well déi Fester dëst Joer erëm net stattfannen!

Dir Jugendlecher, déi ganz, ganz, ganz grouss Majoritéit vun lech huet alles gemaach: Dir hutt lech impfe gelooss. Dir hutt ganz gutt opgepasst. Dir hutt lech boostere gelooss. An ech weess, dass et schwéier ze verstoen ass fir déi jonk Leit dobaussen, dass se dëst Joer och erëm mussen op déi grouss Evenementer verzichten. Mir heibannen, alleguerten, queesch duerch d'Bänken, mussen Entscheidungungen huelen zum Wuel vum Land. A mir schätzen am Moment de Risiko fir d'Gesondheet dobaussen einfach ze héich an, fir Baler kënnen ofzehale mat Dausenden an Dausende Leit. Eleng den Zürcher Bal, mengen ech, wier eng Manifestatioun gewiescht vun iwwer 4.000 Jugendleche beieneen. Et deet mer leed, mee mir kënnen dat am Moment net zouloossen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Et deet mer leed, an ech soen dat, an ech riichte mech do un alleguerten déi Jonk dobaussen, mee mir heibanne musse fir all d'Deeler vun der Gesellschaft haut mat eisem Vott Verantwortung iwwerhuelen.

Och wann Der enttäuscht sidd, och wann Der vläicht rose sidd op eis - an ech weess, dass meng Duechter ganz, ganz rosen op mech ass -, bieten ech lech ëm Äert Verständnis an dëse schwierigen Zäiten. Bleift weider solidaresch! Well zesummen, alleguer zesumme komme mer derduerch!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci dem Mars Di Bartolomeo fir seng Sëlwerhochzäit, déi en haut hei gefeiert huet mat dem 25. Rapport.

(*Brouhaha*)

An ech wënschen em wierklech alles Guddes a sengem private Liewen, mee ech wënschen em keng gëllen Hochzäit mat dësem Rapport, mat dem Virus.

Merci och dem Chamberspersonal, alleguer de Ministère, der Santé, dem Santéministère, dem Educations-, dem Kultur-, dem Travail-, dem Sportsministère, an ech hunn der bestëmmt nach -Ekonomie, Classes moyennes -, ech hunn der bestëmmt nach vergiess, hinnen all e grouse Merci fir hir Mataarbecht. An och de Fraktiounen e grouse Merci, dass se an dëser kuerzer Zäit awer dëse Rapport konnte fäerdegstellen.

D'Pandemie stellt eis ëmmer erëm virun Erausforderungen, op déi méi oder manner séier muss reagiert ginn. Et hätt kee geduecht, dass mir nees esou séier missten zesummekommen. Mee zënter bal zwee Joer bréngt dës Pandemie ëmmer erëm nei Entwécklung mat sech.

An Omikron, jo, dat ass den Numm, deen eis an de leschten Deeg richteg Suerge mécht. Déi nei Erkenntnisser iwwert den Omikron, eng Variant, déi zéngmol méi ustiechend ass wéi d'Delta-Variant a sech méi séier verbreet, weise leider, dass et néideg ass, séier a preventiv ze handeln an nei Moosnamen ze huelen, fir dass mer alles maachen, fir d'Situatioun an de Grëff ze kréien, fir e gesonden Equilibër ze fannen a fir eis alleguerten ze schützen.

D'lescht Woch, Dir Dammen an Dir Hären, sot ech a menger Ried, dass et nach ze vill Ongewëssheeten zu dëser Variant géif ginn. Mir wossten net, ob d'Impfung géint dës nei Variant géif wirken a wéi héich d'Ustiechungsgefor wier. Et koumen och eng Rei vu Proposen hei vun alle Bänken - net nëmme vun der Oppositionssäit, et koumen der och vun der Majoritéitssäit -, mat Masken, mat méi Tester an esou weider. An haut, bal eng Woch duerno, huet sech d'Situatioun an Europa rasant verschlëmmert. D'WHO, den ECDC, d'Covid-Taskforce gi vun enger ganz séierer Verbreedung vun den Infektiounen aus, déi exponentiell kéint sinn.

Jo, et kommen ëmmer erëm Rapporten, mee et muss ee jo och e bësse liesen, wat an de Rapporte steet. Wann d'Situatioun stabil bleift, dann ass wuel en neie Rapport erauskomm a wann dee seet, si wier stabil, da brauch ee keng nei Mesuren ze huelen. Mee wann awer no engem Vott vun engem Gesetz en neie Rapport erauskënnt an dee seet, dass d'Situatioun sech kéint exponentiell dramatesch verschlechteren, da muss och reagiert ginn. An duerfir hu mer och missen hei séier reagéieren.

An et ass och genau dës Omikron-Variant, déi am Moment d'Ursaach vun enger ganz dramatescher Erhéijung vun den Infektiounen a verschiddenen europäesche Länner ass. Dëst huet och schonns an eisen Nopeschlänner dozou gefouert, dass drastesch Moosنامه geholl goufen. Ech zitieren hei Holland, wou vum 19. Dezember un nees en nationalen Noutstand ausgeruff ginn ass.

An et huet Lëtzebuerg glécklecherweis nach net esou staark getraff, mee et ass extreem beonrougend, wann een d'Situatioun am Ausland kuckt a wann ee bedenkt, dass eis Spideeler zanter dem 14. Dezember nees an der Phas 3 sinn, dat heescht, dass opgrond vun dem groussen Undeel u Patiente mat Covid-19 an de Spideeler eng Partie vun aneren Interventiounen an Aktivitéiten ofgesot oder op spéider verluecht hu misse ginn.

Mir musse vermeiden, dass d'Situatioun och hei zu Lëtzebuerg ausaart an nees esou schlëmm gëtt wéi am leschte Wanter, an dofir ginn dës Mesuren hei par principe de précaution geholl, fir Schlëmmeres ze verhënneren.

Dës Mesuren, wéi alleguer d'preventiv Mesuren, hunn de Virdeel, dass een agéiert, ier een an eng schwiereg Situatioun kënnt. Mee déi hunn awer och den Nodeel, dass een an enger Situatioun, déi momentan nach net als esou urgent ugesi gëtt a wou d'Chiffere sech nach net an esou ongerabel Héichten eropgeschrauft hunn, Mesuren hält, déi laut deene Chifferen als verfréit, onugepasst a souguer als iwwerdrifwen ugesi kënne ginn.

An dat ass jo grad den Dilemma, deen een huet, wann ee preventiv Aarbecht mécht. Den Term „Preventivparadox“, deen u sech nach e jonke Begrëff ass, well en eréischt an den 80er-Jore vun engem britteschen Epidemiolog, dem Geoffrey Rose, gepräägt gouf, beziechent deen Dilemma, dass eng preventiv Moosnam, déi fir d'Gesellschaft e groussen Notzen huet, deem Eenzelen dacks awer nëmme weíneg bréngt an esou als paradox kann empfonnt ginn, well se onwierksam schéngt. An et gëllt, wéi ëmmer bei eise Mesuren an dëser Pandemie, dat richtegt Mooss vun der Preventioun tëschent Allgemeng- oder Deelpopulationsstrategie an Héichrisikostrategie ze fannen.

Hei hu mer an dësem Haus schonn dacks driwwer diskutéiert. An et ass och schwiereg, hei dat richtegt Mooss ze fannen an alle Kriticke standzehalen. Et ass nämlech keng Science exacte. A well d'Mesuren universell, also fir jiddereen do sinn, feelt dann och e Vergläichsgrupp mat engem natierleche Verlaf ouni Mesuren an esou enger Epidemie. An duerfir bleift d'Bewäertung vum Resultat och ëmmer deelweis spekulativ. Den direkten Noweis vun der Effektivitéit tëschent Preventioun an Aus-





bleiwe vun deem, wat geschitt wier, deem ass ëmmer schwierereg.

An duerfir kann een ëmmer kritiséiert ginn an et kann een ëmmer soen: „Jo, wann Der dat dote gemaach hätt oder wann Der dat doten ënnerlooss hätt, da wier et anescht gaangen.“ Dat ass alles Spekulation. Dee Phenomeen ass net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, deem ass och an eisen Nopeschlänner. An déi hunn zum Deel vill méi dramatesch an drastesch Mesurë geholl, och ëmmer par principe de précaution, an ech wëll ganz kuerz op déi agoen.

An der Belsch, do sinn d'Zuelen déi lescht Deeg nach weider drastesch an d'Luucht gaangen, sou dass de sougenannte „Comité de concertation“ - ech hat d'lescht Kéier dovunner geschwat - weider verschäerft Moossnamen annoncéiert huet, déi ab dem 26. Dezember gëllen. An dat trotz 96 % (veuillez lire: 76 %) Impfquot. Zum Verglach: Hei zu Lëtzebuerg si mer mol net bei 70 % oder vläicht just bei 70 % vun der ganzer Populatioun, déi geimpft sinn.

D'Maskepflicht, dass d'Restaurants a Caféen um 23.00 Auer mussen zoumaachen, d'Obligatioun vum Teletravail, dass dat gemaach muss ginn, dat bleift. Mee et kënn nach derbäi, dass all Aktivitéiten a Fräizäitaktivitéiten, déi dobausse stattfannen, verbuede ginn. Sief dat Chrëschtmaert oder aner kulturell Veranstaltungen, Kinoen an all aner Fräizäitaktivitéite sinn erëm verbueden. Groussveranstaltung kënnen nëmmen ouni Zuschauer stattfannen. A bei den Evenementer, déi dobausse stattfannen, muss och de Krittär vun engem Visiteur op véier Meterkaree respektéiert ginn. An et gëtt och do recommandéiert, fir sech méi testen ze loos sen. An d'Kontakter anzeschränken. Dat an der Belsch.

Dann de Bléck a Frankräich: A Frankräich sinn och ab dem 15. Dezember zousätzlech Moosssname geholl ginn, fir d'Verbreedung vun der Omikron-Variant an de Grëff ze kréien. D'Discoe si bis de 6. Januar zou an all Danzaktivitéiten a Restaurant a Club sinn och verbueden. Am ëffentleche Raum sinn Treff e vu méi wéi zéng Leit verbueden, wéi och den Alkoholkonsum dobaussen. An zouenen ëffentleche Raim gëllt fir all Persoun ab eelef Joer eng Maskepflicht. Och hei gëtt am private Beräich op d'Recommandatioun gesat, d'Kontakter ze beschränken.

An an Däitschland, Dir Dammen an Dir Hären, do gëllen ab dem 28. Dezember och verschäerft Moossnamen: D'Discoen an d'Clubbe sinn zou. Groussveranstaltungen dierfe just ouni Zuschauer stattfannen. An et gëtt och eng Maskepflicht agefouert iwwerall do, wou Leit op enkem Raum zesummekommen. An dobäi gëtt et eng sektoriell Impfpflicht an Däitschland. Bis de 15. März 2022 mussen d'Salariéen a Klinicken, Altersheemer an änleche Strukturen nowiese kënnen, dass se geimpft oder geneese sinn. Iwwert d'Feierdeeg kënn och e Versammlungsverbuet op Silvester an op Neijoerschdag an och e Generalverbuet vun Demonstratiounen.

Holland ass, wéi gesot, am komplette Lockdown.

Här President, fir dass d'Situatioun net ze schlëmm ausaart an d'Gesondheets- a Fleegepersonal ënner nach normale Konditioun e schaffe kann, muss mer solidaresch mat hinne sinn a preventiv handeln. Dofir och nees den Opruff u jiddereen, fir sech weider testen ze loos sen, virun allem während de Feierdeeg oder ier ee soss op Plaze geet, wou méi Kontakter sinn a méi Infektiounsrisiko ass, a virun allem, wann ee mat méi vulnerabele Leit zesummekënn.

D'Situatioun an eise Spideeler ass de Moment nach eenegermoosse stabill. Mee dat ka mam Omikron ganz séier kippen. Am leschte Wochebilan vun der Santé steet dran, dass 58 Persounen, Covidpatienten, an de Soins normaux hospitaliséiert sinn. Dovunner waren der 30 ganz geimpft. Dat weist, dass et noutwendeg ass, sech och booster en ze loos sen. Mee et steet och dran, dass vun deenen 22 Covidpatienten, déi op der Intensivstatioun waren, der 16 net geimpft waren.

Dat sinn Zuelen, déi eng kloer Sprooch schwätzen. Dat weist, dass d'Impfung, och wann hir Wirkung vläicht net esou laang unhält, wéi dat ufanks geduecht war, awer nach ëmmer wirkt. An et dierf een och net vergiessen, dass ee vun zéng méi ass wéi ee vun dauesend, wann een d'Zuelen an de Spideeler vergläicht.

Impfe wirkt also! Deen allerbeschte Schutz géint de Coronavirus fir deen Einzelen a géint eng generell Verschlimmerung vun der Situatioun ass natierlech, sech impfen ze loos sen a sech reegelméisseg a systematesch och ze testen. Duerfir nach eng Kéier den Opruff, sech impfen ze loos sen, sech booster en ze loos sen, wann een d'Geleeënheet huet, an dat schnellstméiglech. An: testen, testen an testen!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëst Gesetz, iwwert dat mer hei wäerten ofstëmme n, an d'Moossnamen, déi doranner festgeschriwwe sinn, maache sécherlech net jiddweree frou, mee si sinn inevitabel, wann een d'Verbreedung vum Virus wëll

ofbremsen. 2G+ ass eng gutt Léisung. Déi Mesure erhéicht och den Drock, fir sech impfen ze loos sen. Wéi scho sou dacks gesot: Et huet sech erweisen, dass d'Impfung aleng net duergeet, fir dass mer d'Verbreedung vun den Neiinfektiounen an de Grëff kréien. Mir brauche weider Tester an ech sinn och frou, dass déi 2G+-Reegelung elo kënn an dass se och vum Horeca-Beräich ënnerstëtzt gëtt.

Ech wéilt awer gären och e puer Wieder zu de Moosssname am Horeca-Secteur soen, deen elo schonn um 23.00 Auer zoumaache muss: Fir mech ass dat sécherlech keng Léisung à long terme a eventuell och keng à moyen terme. Ech verstinn, dass d'Regierung hei en Zeeche wollt setzen - ech verstinn dat ganz gutt -, fir d'Gravitéit vun der Situatioun ze ënnersträichen, och fir ze weisen, dass d'Situatioun komplett aus dem Rudder ze lafe risquéiert, wa mer elo näischt maachen, wa mer elo net géife reagéieren.

Mee et duerf een natierlech awer och d'Fro stellen, ob dës Moosssnam e reellen Impakt och op d'Neiinfektiounen huet, zumools wann d'2G+-Reegel kënn. Jo, et ass awer richtig, an dat hu mer och ëmmer hei gesot - an dat hu mer och gesot, wéi de Couvre-feu war a wéi mer deen och hei verteidegt hunn -: No 23.00 Auer ass natierlech och e méi grouse Risiko do, dass ee sech ustécht, well d'Kontakter dann eebe méi grouss sinn.

Ech hätt mer natierlech och aner Léisunge kënn virstellen. Mee ech verstinn awer, dass een hei huet missen e Kompromiss fannen, deen een och bereet ass matzedroen, well een nämlech e komplette Lockdown riskéiert hätt. An dee gëllt et ze vermeiden, mat all senge Kollateralschied. An dës Mesure ass dofir och fir eng Zäit sécherlech akzeptabel.

An ech verstinn och absolutt, dass net jiddweree dës Mesurë gutt fënn. An ech kann och, wéi elo grad mäi Kolleeg, de Gilles Baum, gesot huet, de Frust verstoen, deen een huet, wann ee jonk ass - mee och net nëmmen déi Jonk -, wann ee sech gefreet huet, no bal zwee Joer de Joreswiessel erëm kënn mat senge Frënn ze feiern. Jo, mir hunn es wierklech alleguerte sat.

An duerfir sinn ech immens dankbar, ech sinn immens dankbar fir déi verständnisvoll, rasonabel Reaktioun vun den Zürecher Studenten, déi jo an deene leschten Deeg ganz vill schonn organiséiert hunn, ganz vill opgeriicht hunn, fir Silvester zesummen ze feiern, déi awer lous an intelligent genuch sinn, fir d'Mesuren, déi elo geholl goufen, ze verstoen, an net nëmmen ze verstoen, mee och hannert dëse Mesuren ze stoen. E grouse Merci u si! A si solle fir Verschiddener vläicht och als Beispill déngen, wéi een esou eng Situatioun, an där si elo sinn, déi net einfach ass, awer och ka verständnisvoll unhuelen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Fir hinnen an och dem Horeca-Beräich ze hëllefen, ënnerstëtze mir natierlech, dass d'Hëllef fir den Horeca-Beräich erëm no uewen ugepasst ginn. A mir plädéieren och do fir eng Kulanz bei der Attributioun vun dësen Hëllefen, an och eng Kulanz, wat d'Studentenassociatiounen ugeet.

Ech denken, dass den Zäitpunkt elo awer och komm ass, fir op aner wirksam Moossnamen zrëckzegräifen, fir de Virus zrëckzedrëcken. Esou begrëissen ech ausdrëcklech déi Testwoch virun enger Woch, déi exzellent war, bei där och ganz vill Leit matgemaach hunn an déi och dozou gefouert huet, dass dräimol méi Leit detektéiert goufen, déi positiv waren, a wou deemno konnt verhënnert ginn, dass de Virus sech weider kéint ausbreeden.

Ausserdeem muss een och soen, dass d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg katastrophal wier, wa mer keng Impfung hätten. Och dat muss een nach eng Kéier kloer soen, fir alleguerten déi, déi mengen, d'Impfung wier nëmmen esou eppes, wat een esou misst matdroen. Neel! Wa mer déi net hätten, da wier d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg eng Katastroph! An duerfir si mer frou, dass mer déi Impfung hunn, an duerfir mussen och esou vill wéi méiglech Leit sech impfe loos sen. Et ass nämlech bewisen, dass d'Impfe positiv Auswirkungen hat an och huet. A wann ee sech och virun engem Joer eng Impfpflicht net virstelle konnt, sou huet een an dëser Pandemie eppes geléiert: dass ee sech andauernd upasse muss.

Et ass och duerfir keng Schan zouzeginn, dass een an enger Pandemie, an där d'Erfahrungswäerter zimmlech, zimmlech kleng waren, seng Meenung zu verschiddene Punkten huet misse revidéieren oder missen à jour setzen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Zu dësem Moment schéngt et mir ubruecht, sech den neien Erkenntnisser vun der Wëssenschaft unzepassen, d'Evolutioun vun den Impfstoffen am A ze behalen a sech den Iwwerleeungen zu enger Impfpflicht net ze verschléissen. An dat, fir eis ganz Gesellschaft an eise Gesundheetssystem ze schützen.

An et bleiwe sécherlech nach eng Rei rechtsstaatlech oder legal Froen ze klären. Et bleiwen och nach eethesch oder moralesch Froen ze klären. An esou wéi mer bis elo alleguer d'Covidgesetzter hei am Parlament matgestëmmt hunn, sinn ech der Meenung, dass och déi dote Froen hei am Parlament musse gekläert ginn, wou all Partei, déi hei vertrueden ass, Stellung muss huelen zu deenen dote Froen. An dat solle mer esou séier wéi méiglech maachen an dann och d'Preparatioun maachen, fir d'Konklusiounen aus dësem Debat hei ze zéien.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Bis elo ass et eis déi lescht 21 Méint gelongen, op déi spezifesch Situatioun hei am Land ze reagéieren, dat ëmmer mam Lëtzeburger Wee. An ech si sécher, dass dat och bei dësen neien Ännerungen, déi mer hei stëmme n, de Fall wäert sinn.

An ech géif duerfir nach eng Kéier e ganz drénglechen Appell maachen, dass d'Leit am private Beräich hir Kontakter aschränken, an nach eng Kéier soen: Passt op lech an op Är Matmënschen op. Loosst lech impfen oder booster en - fir déi déi schonn eng Kéier geimpft sinn - an test lech. Test lech. Test lech!

Just zesumme komme mer aus dëser Pandemie eraus. A mir mussen duerfir weider solidaresch sinn. An duerfir stëmmt d'LSAP-Fraktioun dëst Gesetz och mat.

A bis op Weideres wäert dat hei da meng lescht Ried als Deputéierten an der Chamber sinn.

(*Exclamations*)

■ **Une voix.** - Très bien!

(*Brouhaha général*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engel.

(*Brouhaha*)

An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

■ **Une voix.** - Här Engel! Dat geet och weider esou.

(*Interruptions*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Villmools merci, Här President. Ech hoffe jo, dass et net meng lescht Ried och nach ass.

(*Hilarité*)

Ech sinn op alle Fall nach voll Energie fir weiderzeshaffen, mee ech mengen, den Här Engel als Minister och! An da wäert en awer erëm hei stoen.

Gutt. Jo, dass mer e puer Stonne virun Hellegowend e Gesetz musse modifizéieren, dat eréischt knapp eng Woch a Kraaft ass, kënn vill Leit natierlech net novollzéien. An dat ass och verständlech.

Et ass awer och esou, dass d'Pandemie leider ëmmer op en Neits mat Iwwerraschunge verbonnen ass, a mir mussen op Iwwerraschunge gefaasst sinn, och wat den akuten Handlungsbedarf a gewëssene Situatiounen ugeet. Dofir wéilt ech och an eiem Numm alle Bedeelegten, déi an de leschten Deeg am Asaz waren, e grouse Merci ausdrëcken, inklusiv de Membere vun eiser Fraktioun, déi och bereet waren, direkt hei an d'Chamber ze kommen, a sech net bekloen.

Jo, d'Entwécklung, wéi se sech zanter Kuerzem an Dänemark, an Norwegen an an England presentéiert, och an anere Länner, ass effektiv immens beonrouegend an de Grond, firwat dëse Projet de loi dann och an aller Urgence deposéiert ginn ass. Quitte - dat muss ee jo zouginn - dass dat iwwerstierzt Duerchlaf e vun de Prozeduren, inklusiv och der séierer Convocatioun vun der Kommissioun, et net erlaabt huet, fir a Rou iwwer eenzel Interpretatiounsdivergenzen oder eenzel Upassungen ze diskutéieren, sou sinn ech awer frou, dass mer alleguer heibannen dat selwecht Zil verfolge n. Nach ëmmer!

D'Zil ass dat, dass d'Spideeler an hiert Personal virun der Iwwerbelaaschtung geschützt ginn, dass d'Behandlung vun Netcovidpatienten weiderhi garantéiert bleift, dass d'Schoule weiderhin opbleiwen an dass e weidere Lockdown mat alle Mëttele verhënnert muss ginn, och wann et an der Urgence ass.

Mat den Ännerungen, déi mer haut um besteende Gesetz virhuelen an déi de Mars Di Bartolomeo am Detail presentéiert huet - woufir ech him och elo scho wéilt villmools Merci soen -, soll dëst Zil jo kuerzfristig erreecht ginn. Dat ass eis Hoffnung. Ënnert dem Stréch geet et jo drëms, dass mer der Omikron-Well kuerzfristig e Rigel virschiben, amplaz hire Ravagen am Januar an och nach duerno hannendru mussen ze lafen.

Ob mer d'Verbreedung vun dëser Variant awer laangfristig am Grëff behalen, wa mer net nach u weidere Schrauwen dréien oder carrement e Paradigmewiessel an der Coronapolitik alauden, ass zu dësem Moment net garantéiert. Op de Paradigmewiessel kommen ech nach eng Kéier zrëck.

Jiddwerfalls gëtt et kee Grond fir ze mengen, dass dat, wat sech momentan a Länner wéi England oder Dänemark an Norwegen ofspillt, net och zu Lëtzebuerg kann anrieden, trotz de Mesuren, déi mer mat dësem Projet de loi decidéieren. De staarken Ustig vun dëser Variant ass nämlech an alle Länner zimmlech d'selwecht an dofir muss een och zu Lëtzebuerg mat enger rasanter Entwécklung rechnen, déi d'Kaarten nei wäert mëschen. Dat ass nun emol d'Realitéit. An d'Kaarten nei wäert mësche leider zugonschte vum Virus, dee sech mat enger gewaltiger Dynamik verbreet, fir d'Wieder vun enger Virologin vum Expertenteam vun der däitscher Regierung ze gebrauchen.

Dat werft natierlech d'Fro op, wéi geféierlech dës Turbovariant dann iwwerhaapt fir de Mënsch ass. Éischtens Aschätzungen no - dat ass virdrun och gesot ginn -, déi nach keng wëssenschaftlech Basis hunn, ass de Krankheetsverlaf beim Omikron manner dramatesch wéi bei anere Varianten, déi mer scho kenne geléiert hunn. Dat kléngt op den éischte Bléck berouegend.

Allerdéngs muss ee bedenken, an dat ass de Punkt, dass déi extreem héich Ustiechungsgefor vum Omikron de positiven Effekt vun engem an der Moyenne méi schwache Verlaf nees séier zerstéiere kann. An anere Wieder: Bei enger gigantischer Zuel vun Infizéierte geet e klenge Prozentsaz vu schwéier Infizéierten an absolutten Zuelen duer, fir d'Spideeler zum Zesummebroch ze bréngen, wuel wëssend, dass och d'Spidolspersonal extreem gefäert ass.

Et geet hei net ëm d'Ziel vu Better - iwwert déi oft geschwat gëtt -, an déi d'Patiente geluecht kënn ginn. Et geet ëm d'Personal, dat sech ëm d'Patiente muss këmmere n ...

■ **Une voix.** - Ganz genau!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - ... an dat nach méi gefäert ass wéi aner Berufsgruppen.

Wat et heescht, Dir Dammen an Dir Hären, wa vill Personal krankheetsbedéngt ausfällt, wësse mer alleguer: Da kënn mer Dausende Better hunn, mee da funktionéiert näischt méi!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Dee Chaos muss mir verhënnere n.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, dee warscheinlech manner schwéiere Verlaf vun enger Omikron-Infektioun därdf donieft och net zum Trugschluss féieren, dass d'Impfung iwwerflüssig gëtt. Dat wier e ganz falsche Message. Fir d'Experten ass d'Impfung nämlech carrement entscheidend. Si féiert, éischtens dozou, dass d'Delta-Infektiounen, déi jo nach massiv ënnerwee sinn, duerch konsequent Impfe gebremst ginn, éier d'Omikron-Well iwwerhaapt emol richtig zouschléit. Zweetens besteet an Expertekreesser schonn elo de Konsens, dass och d'Omikron-Infektioun e besser mat Impfung wéi ouni Impfung iwwerstane ginn. Dee soi-disant méi harmlose Verlaf ass laut de Wëssenschaftler nämlech op d'Deelimunitéit zrëckzeféieren, déi scho vill Leit duerch den 2G erreecht hunn.

Mam 2G+ leeë mer, nieft der Konditioun, geimpft ze ginn, mat dësem Projet de loi dann och nees méi Wäert op d'Teste bei all deene Persounen, déi nach net geboostert sinn. Dat erlaabt, de Virus kuerzfristig vun eise Matmënschen ewechzehalen, sollt en dann am Test och detektéiert ginn. E Mëttel, fir d'Immunsystem méi resistent géint de Virus ze maachen, sinn d'Tester allerdéngs net. Dowéinst kann ech dem Dokter Gérard Schockmel nëmme Recht ginn, wann e behaapt, dass mir eis zu Doud teste kënnen, mee dass mer domat keng Immunitéit errechen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - An et misst och jiddwerengem aliichten, dass mir mam Testen absolutt guer kee Problem léisen, well d'Tester just eng Momentopnam sinn, déi schonn e puer Stonne méi spéit eng aner ka sinn. Entscheedend ass a bleift fir eis, dass déi bis haut Ongeimpft esou schnell wéi méiglech geimpft ginn, dass déi eemol oder duebel Geimpft esou schnell wéi méiglech geboostert ginn, och am Kontext vun der Omikron-Variant, an dass d'Impflücken esou schnell wéi méiglech zougemaach ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Dir Dammen an Dir Hären, d'Impflücke spigele sech an de Statistiken zrëck, déi reegelméisseg an der Press publizéiert ginn, och um Internet. Vun dëse Statistike fille vill Leit sech awer ganz weínege concernéiert. Geet et dann awer bei hinne selwer ëm Liewen an Doud, da gesäit d'Realitéit op eemol anescht aus. Landen dës Mënschen op der Intensivstatioun a kämpfen ëm d'Iwwerliewen, mécht op eemol e grouse Regret sech breet an dann ass et oft ze spéit.

Ech schwätze vun deenen iwwer 20 % Impfberechtigten, déi längst geimpft kéinte sinn, mee bewosst





op eng Impfung verzicht hunn, obwuel keng medezinnesch Géigenindikatioun virläit.

Hätte mer et mat der Pescht ze dinn, déi eis un déi däischter Zäite vun engem Mount Isolation op der Fielseninsel - „Isola“ - erënnert oder u 40 Deeg Quarantän hannert de Gittere vu Venedeg an un de sougenannte Schwaarzen Doud, wier den Ustuerm op d'Impfzentere schonn am Ufank net méi ze bremse gewiescht. Dovu sinn ech jiddwerfalls iwwerzeegt - quitte datt een haut net méi ausschléisse kann, datt och am Fall vun der Pescht Stëmme géifen haart ginn, déi dee gréisste Schwachsinn als geheimt Wesse géint d'Impfung géife verkafen a Saache géife behaapten, déi längst vun der Wëssenschaft widderluecht sinn, fir d'Mënsche vun der Impfung ofzehalen.

Ech soen dat, well de Phenomeen vun der Manipulation op de sozialen Netzwierker eis net méi egal дәierf sinn. Si risquéiert, déi ganz Mënschheet a Gefor ze bréngen.

Dir Dammen an Dir Hären, schonn d'lescht Woch hunn ech et op dëser Plaz gesot: Mat der Verschäerfung vun de Moosssname versiche mer, Zäit fräizeschëppen a Rou an d'Infektiounsgeschéien ze kréien. „Vläicht kënne mer esou den Omikron-Tsunami souguer offiederden, datt et „nëmmen“ eng normal Well gött“, huet den Dokter Alexander Skupin vun der Taskforce geschter am „Lëtzebuerger Wort“ (veuillez lire: am „Tageblatt“) geschriwwen oder an engem Interview gesot. Ech leeën d'Betounung op „vläicht“, well grad mat deem Wuert huet den Expert duerchblécke gelooss, datt momentan eng grouss Onsécherheet an Expertekreesser besteet, wat d'Verbredung vun der Omikron-Variant ugeet.

An de Bléck an d'Ausland soll eis eng Warnung sinn. A villen auslännesche Stied sinn d'Spidolscapacitéiten, Dir wësst et, um Limitt ukomm. Liewenswichtig Ernërschungen an Operatioune ginn ausgesat. Noutfallpläng ginn aktivéiert an op munche Plaze gött déi ganz sensibel Fro vum Triage ëmmer méi akut.

Dir Dammen an Dir Hären, an der Fro vum Triage, der Prioriséierung vun deenen engen zulaaschte vun deenen aneren, gött et weeder eng richtig nach eng falsch Entscheidung. All Dokter an all Fleegepersoun ass sech bewosst, datt e Mënsch e Recht op Liewen huet an op Gesondheet. Et ass och d'Vokatioun vun dëse Beruffer, fir dat Recht ze schützen a jiddwerengem eng adequat Behandlung am Spidol ze garantéieren. Wichtig ass dobäi, datt de Patienten hir Autonomie an hiert Selbstbestimmungsrecht am Mëttelpunkt stinn, onofhängeg vun hirem Zoustand a vun hirem Alter.

Fir dëst Grondrecht - a grad a Pandemiezäiten - ze garantéieren an de Problem vum Triage fréizäiteg ze verhënnernen, gött et keng honnert Weeër. Ënnert dem Stréch gött et der eigentlech just zwee: Deen éischte besteet doran, datt d'Moosssnamen nach méintelaang hin- an hiergeréckelt ginn an d'Schrauwen jee no Entwécklung méi oder manner fest ugedréit ginn, bis hin zum Lockdown, dee kee wëll. Deen zweeten ass mir perséinlech, an net nëmme mir, méi sympathesch a besteet doran, datt mir eis ee fir alle Mol mat der Impfpflicht auserneesetzen.

Parallèll dozou muss weiderhin alles gemaach ginn, fir nach méi Mënsche vun der absolutter Noutwendegkeet vun der Impfung ze iwwerzeegen an d'Mënsche mat an d'Boot ze kréien.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- D'Beispill vu Bremen, wou d'Informatiounen an zéng Sproochen zirkuléieren a wou spezialiséiert Impfteams sech an de leschte Wénkel vun de Quartieren deplacéieren, fir mat de Leit ze schwätzen - an zéng Sproochen, wéi gesot -, hunn ech d'lescht Woch méi am Detail beschriwwen. Datt 92 % vun der Bevëlkerung zu Breme fräiwëlleg geimpft sinn, ass keen Zoufall, mee d'Resultat vun enger intelligenter Strategie, un där mer eis kënnen inspiréieren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Et geet drëms, d'Angscht virun der Impfung ze huelen a Vertrauen opzebauen.

Leider, an dat muss een awer och soen, stellt sech zu Lëtzebuerg lues awer sécher eraus, datt d'Regierung mat hirer Iwwerzeegungsaarbecht net méi richtig weiderkënn, quitte datt d'Efforte vun der Regierung an der Lescht wierklech grouss waren an och zu enger Rei Resultater gefouert hunn. Dat gesäit een un de Waardeschlaange virun den Impfzentereen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Mat ofwaarden an ofweie geet et jiddwerfalls net duer, well mer dee Moment riicht an d'Mauer rennen.

(*Interruption*)

A spéitstens wann déi Mauer sech um Horizont weist an ee schonn hir Konture gesäit, ass de Punkt erreecht, wou d'Gréitchefro gestallt muss ginn.

(*Brouhaha*)

Dat ass déi Fro, bei där een an enger ganz sensibler Matière Faarf bekenne muss. Faarf bekennen heescht an dësem Fall, kloer ze soen, ob bei extreem steigenden Infektiounszuele weiderhin op eng leider net ganz fruchtbar Eegeverantwortung gesat soll ginn. Domat mengen ech ganz sécher net déi Dausenden an Dausende Mënschen, déi hir Verantwortung vun Ufank un iwwerholl hunn, déi Solidaritéit gewisen hunn an e grouss Luef verdéngt hunn. Ech mengen déi kleng, mee ganz haart jäizend Minoritéit, déi sech aus der Verantwortung gezunn huet, geschlach huet an eis noutgedronge mat der Fro vun der Impfpflicht konfrontéiert, woubäi ech wëll betounen, datt Impfpflicht net mat Impfzwang ze verwiesselen ass.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Als Gréng begreësi mir, datt de Premierminister, och wann en dat elo net héiert, an der Pressekonferenz vun dëser Woch kloer Wieder fonnt huet a betount huet, datt am Januar eng Decisioun muss falen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Dëser Urgence si mir eis och als Gréng bewosst an dowéinst hu mer decidéiert, eis kuerzfristeg an eisen eegene Gremien ze beroden an all Aspekter vun der Impfpflicht ze diskutéieren, eis domat auserneenzesetzen an dann natierlech och kloer Positioun ze bezéien. Fir mech perséinlech, an net nëmme fir mech, dat wëll ech betounen, steet jiddwerfalls fest, datt d'Fräiheet och ëmmer mat Gemeinschaft ze dinn huet.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Jo, well e sougenannte „fräie Mënsch“ leeft ëmmer an enger Gemeinschaft. An dofir huet d'Fräiheet vum Einzelnen och ëmmer mat engem Du ze dinn, deen him vis-à-vis steet. An deem Sënn muss all Impfzögerer an Impfverweigerer sech froen, wat seng eegen Haltung bei sengem Vis-à-vis uriicht, wat säin Ego der Gesellschaft undeet a wivill Schued e mat sengem Ego an de Spideeler uriicht. Dat ass dat eent.

Dat anert ass, datt och d'Politik an der Verantwortung steet a sech net de Virwurf vun der Farlässegkeet muss siche goen. Als Politiker musse mer eis alleguer froen, net nëmmen d'Regierung, wou eis Verantwortung läit, wann d'Dokteren an d'Fleegepersonal an de Spideeler Alarm schloen, wa se emotional ausgebrannt sinn a verleet sinn, bei weidere Wellen d'Bengele bei d'Tromm ze geheien, well se et net méi packen.

Schlëmmer nach: Spéitstens wann d'Medezinner mat der Fro vun der Prioriséierung konfrontéiert ginn a Mënsche musse stierwe loossen, déi guer net misste stierwen, da brauche mer eng Vollbremsung. An déi Vollbremsung läit an den Hänn vun der Politik.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- D'Vollbremsung kann, wéi bei dësem Projet de loi, aus dem Deel-Lockdown, dem urgenten Deel-Lockdown fir Ongeimpfter bestoen, déi aus dem Fräizäitberäich ecartéiert ginn an nach just дәierfe schaffe goen. Datt dëst laangfristeg eng glécklech Léisung ass, woen ech awer staark ze bezweifelen. Et ass eng Léisung, déi d'Gesellschaft méi wéi jee spalt, geféierlech Tendenze mat sech zitt an déi Ecartéiert frustréiert, fir net ze soen aggressiv mécht. Also just dat, wat mer wëlle verhënnernen!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dat ass jo awer Är Politik, Madamm Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- D'Vollbremsung kann awer och dora bestoen, op d'Impfpflicht ze setzen an d'Mënschen domat nees beieneenzebréngen, a Verbindung natierlech mat de bewäerte Schutzmoosssnamen. Si huet dee grouss Virdeel, datt jiddwereen d'selwecht behandelt gött an datt den Deel-Lockdown fir eng gewësse Grupp vu Mënsche sech eriwwegt. A genee aus deem Grond géif d'Impfpflicht d'Gesellschaft net belaschten, op laang Siicht géif se d'Gesellschaft vu fräiheetsaschränkende Moosssnamen entlaaschten.

Dir Dammen an Dir Hären, nach hu mer Sputt, fir am Detail iwwert déi fundamental Fro vun der Impfpflicht ze diskutéieren an d'Detailer ze analyséieren. De Gilles Baum huet eng entspriechend Motioun deposéiert, déi mer natierlech begreëssen.

(*Interruption*)

Ech muss Är nach am Detail liesen. Ech hunn déi nach net genee gelies.

Mir befannen eis grad och an engem Léierprozess, wat d'Omikron-Variant ugeet. Mee och bei engem Léierprozess muss et munchmol schnell goen, wann een den Zuch net wëllt verpassen. An anere Wieder: Schonn elo muss iwwerluecht ginn, wéi d'Impfpflicht an der Praxis ëmgusat ka ginn, wéi eng juristesche Onkloerheete sech doraus kënnen erginn, wéi dës Onkloerheete geléist kënne ginn a wéi eng Strofe mam Refus verbonne sinn.

Aus deem Grond plädéiere mir derfir, datt d'Regierung den Dossier schonn elo preparéiert - dat steet och grad an der Motioun, an ech mengen, et steet och an Är - , fir prett ze sinn, wann d'Vollbremsung muss agesat ginn a wa se muss gräifen. Mir sinn eis also duerchweegs eens.

Dir Dammen an Dir Hären, „zu zaghaft, zu langsam, zu eigensinnig“ huet et am Ufank vun der Pandemie geheescht, wann d'Journalisten déi feelend Zesummenaarbecht vun de Länner an der EU kritiséiert hunn. Wa mir net wëllen, datt Lëtzebuerg och eemol als „zu zaghaft, zu langsam, zu eigensinnig“ bezeechent gött, wann et ëm de Schutz vun der kollektiver Gesondheet an der sanitärer Sécherheet an eiem Land geet, da musse mer weiderhi mat Energie um Ball bleiwen a Courage weisen.

Merci, datt jiddwereen heibannen dozou bereet ass. An dofir ginn ech och ganz gären den Accord zu dësem Projet de loi, dee kuerzfristeg Hëllef wäert schafen a laangfristeg muss iwwerduecht ginn. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, virun e puer Deeg hate mer gemengt, mir missten d'Chrëschtwoch ouni Rapport vum Här Mars Di Bartolomeo verbréngen, mee dank der Regierung ass deem elo net esou. Si huet nach séier e Projet de loi geschriwwen, fir datt mer eis all nach eemol op Hellegowend kënnen erëmgesinn.

(*Hilarité*)

Jiddefalls dem Här Mars Di Bartolomeo nees e grouss Merci fir seng vill a gutt Aarbecht.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Merci!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- A mir schléissen eis och ...

(*Interruption*)

... all deene Mercien un, déi hien ausgericht huet un all déi Institutiounen, déi hanner esou engem Gesetz och matschaffen.

Mir froen eis awer och, wéi wäit datt dës Regierung nach wëllt goe fir ze weisen, wéi mann Respekt si virun der Chamber an dem Staatsrot an de Beruffskummeren huet. Ouni e wierklech neit Element am Covid-Dossier ass dës Woch dat Gesetz vun der leschter Woch schonn net méi gutt. D'Institutioun vum Land gi praktesch derzou gezwongen, bannent nëmmen dräi Deeg - a wann een et genau kuckt, sinn et emol quasi knapps 48 Stonnen - e Gesetz nozebesseren, dat eréischt déi lescht Woch gestëmmt gouf. Dat weist, wéi d'Regierung wierklech esou mann wéi méiglech demokratesch matdenkt.

Panik, Navigation à vue, Improvisatioun - nennt dat, wat d'Regierung mécht, wéi Der wëllt, mee nennt et wannechgelift net „regéieren“!

■ **Plusieurs voix.**- O!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Nennt et och net Preventioun, well virun enger Woch hate mer och scho vun Omikron geschwat. Nennt déi Saach einfach beim Numm: blannen Aktivismus vun enger iwwerfuerderter Regierungsekip!

■ **Plusieurs voix.**- O!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Très bien!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Als ADR verlaange mer, datt d'Regierung d'Institutioun vum Land respektéiert. Dës Regierung mengt, sech iwwer villes hei am Land kënnen ewechzesetzen.

Zum Inhalt vun deem neie Gesetz wëll ech och e puer Kommentarer maachen.

Et ass eng weider Verschäerfung, déi d'ADR net matdréit. Haaptaffer sinn alt nees den Horeca-Secteur, awer och vill aner Leit, déi trei no Geescht a Buschtaf vum Gesetz vun der leschter Woch wollten en Evenement organiséieren.

Fir den Horeca-Secteur ass Silvester ee vun deenen Deeg am Joer, wou si am meeschten Ëmsaz maachen. Fir eis ass et wichtig, datt elo net allze vill Leit hir Reservatiounen ofsoen. Dowéinst wëlle mer, datt weinstens fir Silvester eng Ausnam gemaach gött. An deem Sënn wëll ech hei en Amendement proposéieren. Wannechgelift, Här President.

**Amendement 1**

*L'article 1<sup>er</sup> du projet de loi est amendé comme suit :*

*« Art. 1<sup>er</sup>. L'article 20, paragraphe 1<sup>er</sup>, de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 est modifié comme suit :*

*1<sup>o</sup> L'alinéa 1<sup>er</sup>, première phrase, est complété par les termes « et les personnes ayant atteint l'âge de douze ans et de deux mois sont également soumis à l'obligation de présenter le résultat négatif soit d'un test autodiagnostique servant au dépistage du Sars-CoV-2 réalisé sur place, soit d'un test TAAN, soit*

*d'un test antigénique rapide Sars-CoV-2 en cours de validité » ;*

*2<sup>o</sup> À la suite de l'alinéa 1<sup>er</sup>, il est ajouté un alinéa 2 nouveau libellé comme suit :*

*« Toute personne ayant reçu une vaccination de rap-pel est dispensée de l'obligation de présenter le résultat négatif soit d'un test autodiagnostique servant au dépistage du Sars-CoV-2 réalisé sur place, soit d'un test TAAN, soit d'un test antigénique rapide Sars-CoV-2 en cours de validité. » ;*

*3<sup>o</sup> L'ancien alinéa 2, devenu l'alinéa 3 nouveau, est complété par les termes « ou s'il refuse de se soumettre à un test autodiagnostique sur place ou au cas où le résultat du test autodiagnostique est positif » ;*

*4<sup>o</sup> Il est inséré in fine un nouvel alinéa libellé comme suit :*

*« La fermeture des établissements visés à l'alinéa 1<sup>er</sup> a obligatoirement lieu au plus tard à vingt-trois heures sans dérogation possible, sauf à la St Sylvestre où l'heure de fermeture est fixée au 1<sup>er</sup> janvier 2022 à 01.00 heure. »*

(s.) Jeff Engelen, Myriam Cecchetti, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Nathalie Oberweis.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Engelen.

(*Interruption*)

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- A fir d'Studentenorganisationen an anerer, déi wollte Fester feieren, hoffe mer, datt d'Regierung déi elo och indemniséiert. Si hunn näischt falsch gemaach. Si hu sech un d'Gesetz gehalen. Et ass d'Regierung, déi improvisibel ass, an net si.

Här President, mir sinn all Dag méi der Iwwerzeegung, datt d'ADR an der Covidkris d'Stëmm vun der Vernunft an der Moderatioun ass.

(*Hilarité*)

Mir hunn eng kloer, ...

(*Interruptions*)

... roueg, konstant a previsibel Politik.

■ **Une voix.**- Dir laacht jo selwer driwwer!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- D'ADR seet Jo zu fräiwëllegen Impfungen, ...

(*Interruption*)

... ouni Drock an ouni Impfpflicht. Mir stelle fest, datt d'Regierung an d'CSV Schrack fir Schrack a Richtung Impfpflicht ginn. Da musse si och bereet sinn, d'Haftung bei eventuellen Impfschied ze iwwerhuelen.

(*Interruption*)

D'ADR seet Jo zu enger Gesellschaft, an där keen ausgeschloss gött, och net duerch finanziellen Drock op der Aarbechtsplaz, an an där jiddereen iwwer gratis Tester Zougang zu allen Déngschtleeschungen an alle Kulturevenementer huet. Wéi wichtig et ass, datt och keen aus dem Kulturliewen ausgeschloss gött, huet de bekannte Lëtzebuerger Sänger a Kënschtler Serge Tonnar an engem oppene Bréif betount. Hie verweist zu Recht op de Respekt vun de Mënscherechter. Do gehéiert jiddefalls och den Zougang zur Kultur derzou.

Mir denken och, datt kee sollt aus dem reliése Liewen ausgeschloss ginn. Kierchen a Masse sollten, mat deenen néidege Sécherheetsmoosssname wéi zum Beispill Masken an Distanzen, zu all Zäit fir jiddereen accessibel sinn.

(*Brouhaha et coups de cloche par la présidence*)

D'ADR seet och Jo zu enger Kultur vum Dialog a vum Mateneen ouni Hetz a Beleidigungen. D'ADR seet Jo zu enger solidarescher Gesellschaft, och bei de Krankeversécherungen. D'ADR seet Jo zur Objektivitéit, Transparenz an Eierlechteet, och iwwert d'Vir- an d'Nodeeler vun den Impfungen.

Dem leschte Rapport vun der Pharmacovigilance no sinn hei zu Lëtzebuerg zanter Ufank vun der Covidimpfcampagne am Ganzen eelef Mënschen un de Suite vun den Impfungen gestuerwen. Weider sinn e puer Honnert méi schwéier Fäll vun Niewewierkunge registréiert ginn. Och dat ass en Deel vun der Realitéit! An dat muss och an eiser Gesellschaft kënnen oppen diskutéiert ginn, geneesou wéi mer och iwwert déi Leit schwätzen, déi un oder mat dem Virus gestuerwe sinn - wat der leider vill ze vill sinn!

Här President, als ADR wëlle mer keng Gesellschaft, an där d'Leit no hirem Impfstatus auserneendividéiert ginn. Mir wëlle Sécherheet a Solidaritéit fir eist Land, an net Drock a Sträit. Duerfir proposéiere mer nieft den Impfungen déi allgemeng Benotzung vu gratis Tester. Wien en negativen Test huet, soll un all Aktivitéit kënnen deelhuelen an iwwerall Zougang hunn. D'ADR fuerdert dowéinst, datt iwwerall nees solle gratis Schnelltester agefouert ginn, déi op der Plaz kënne gemaach ginn.

D'Impfung ass e wichtegt Element am Kampf géint d'Pandemie, awer net dat eenzeg. D'Tester sinn een anert. A loosst eis net vergiessen, datt mer elo





an eng Phas erakommen, an där mer och geschwë werksam Medikamenter géint déi Krankheet kréien!

Gradesou néideg ass et, datt d'Entreprises an déi betreffen Independanten a Salariéen elo grousszügig gehollef kréien. Soulaang de Staat den normale Fonctionnement vun der Economie net erlaabt, müssen och ugemooosse Kompensatioune bezuelt ginn.

Här President, nach e Wuert zu de Masken an de Schoulen. Mir hätten eis gewënscht, datt et keng allgemeng Maskepflicht hei géif ginn, mee datt esou eng Moosnam vill méi selektiv agefouert gi wier. Dat stonnelaangt Maskendroen huet Nodeeler, och bei de méi klenge Kanner. An et ass och keng realistesche Optioun. Och ass et méi schwéier, fir d'Matière a verschiddene Fächer ze vermëttelen, wann d'Kanner hir Léierpersoun net esou däitlech verstinn, zum Beispill an de Sproochen.

Zu dëser Konkusioun kënn souguer eng nei Studie vun der Stëftung Warentest, déi seet, datt d'FFP2-Masken d'Ootmung vun de Kanner beanträchtege kënnen. Et géllt also virsiichteg ze si mat esou Masken. Mir proposéieren an dësem Beräich en intensiven Dialog mat de Gewerkschaften an den Eterenorganisatiounen, a keng Politik mam Briechen.

Här President, wat d'Gesondheetswiesen ugeet, bleiwe mer bei eiser Fuerderung, d'Zuel vun de stationären an den Intensivbetten ze erhéien. Mir soen: „Better“ heescht jo och gläichzäitig „Perso-nal“. Dat sinn dach zwou Säite vun där selwechter Medail.

Wéi wichteg dat ass, ënnersträicht och e rezente Rapport vun der ECCO, der Europäescher Kriibsort-organisatioun. Si mengt, datt a ganz Europa bis zu enger Millioun Kriibserkrankunge wëinst der Covid-belaaschtung um Gesondheetssystem net konnten detektiéiert ginn. Och zu Lëtzebuerg wärend d'Suitten dovunner däitlech ze spieren, dat huet d'Fondation Cancer bestätegt. Och am onkologesche Beräich müssen ëmmer méi Agrëffer verréckelt ginn. Och diagnostesch Ënnerschungen mussen staark zrëckgefuert ginn. Hei dierf keng weider Zäit verluer goen a mir missten endlech handeln!

Ech profitéiere vun der Geleeënheet, fir all deenen aus dem Gesondheetswiesen e grouse Merci ze soen. Si leeschten an dësen Zäite wierklech Aussergewéinlech. Hiren Asaz verdéngt, datt mer eis all zesummen nach méi ustrengen, fir de Virus ze bekämpfen.

Ech hätt lech elo zum Schluss nach gären all e schéint neit Joer gewënscht, mee et weess een ni, ob een d'nächst Woch net nach muss erëm hei undanzen, fir en neit Covidgesetz ze stëmmen. Ech mengen, dann huet den Här Engel nach een Optrëtt, ier en eng Kéier Minister gétt. An deem Sënn wënschen ech lech all an och de Leit dobaussen, déi nokucken, e ganz schéint an e frou Chrëscht-dagsfest. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen. Da wier et un där honorabeler Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, Här/Madamm Minister, fir d'éischt emol e Merci a Respekt all deene Leit, déi aus hirem Congé erëmkommen sinn heihinner an och un dësem Text geschafft hunn. Ech mengen, dat muss ee soen. Och wann een net onbedéngt mat allem averstanen ass, muss ee begréissen, dass ganz vill Leit sech hei geplot hunn, fir sech ganz spontan dofir ze engagéieren. Dat muss ee kloer soen. Also dofir mäi Respekt un all déi Leit, déi sech hei, och an den Administratiounen, vill Méi ginn hunn.

Jo, dass mer eis esou schnell géifen erëmgessinn, hate mer net gemengt. Ech muss lech awer éierlech soen, dass ech dat Argument vun der Regierung, wat den Omikron ugeet, net wierklech ofkafen. D'lescht Woch hu mer hei an der Debatt och schonn den Omikron thematiséiert. An och schonn déi Woche virdu war dat en Thema.

Et war bekannt, dass en x-mol méi ustiechend wär - vläicht net zéngmol, mee et war bekannt, dass en immens vill méi ustiechend wär. Dat wousste mer an deene leschte Woche schonn. Mir hu gefuerdert hei op der Bün - zu e puer -, dass de Principe de précaution géif ugewannt ginn. Ech begréissen natierlech, dass d'Regierung dee Principe de précaution och elo uwennt, mee ech menge wierklech, dass een dat d'lescht Woch och schonn hätt kënne vir-ausgesinn.

Natierlech mécht et Sënn, muss ech och ganz éierlech soen - a mir begréissen dat och -, dass grouss Rassemblement ageschränkt ginn, zum Deel ofgesot ginn. Mee och do mengen ech wierklech: Dat hätt ee scho kënnen d'lescht Woch vir-aus-gesinn. Et war bekannt, wat géif vu grouse Rassemblement kommen: Baler, Partyen, Fester an esou virun. Dat war bekannt. Ech verstie wierklech net,

wéi een dat kann op de leschte Stëppel esou ofsoen an all déi Leit virun de Kapp stoussen, déi sech esou vill Méi ginn hunn, fir mat Benevollen zesummen all déi Fester ze organiséieren.

Et ass och net wierklech en neit Element derbäikomm. Ech hat d'Fro och gestallt: Wéi eng nei Elementer sinn derbäikomm säit leschter Woch? Et ass net wierklech en Element derbäikomm. Et ass eng Confirmatioun vun den Insecuritéiten, an deene mer si ronderëm den Omikron säit leschter Woch. Et war also gewosst. Et ass just eng Confirmatioun méi säit leschter Woch, dass et ganz vill Froen a Suerge ronderëm déi Variant gétt. Mee, wéi gesot, dat war d'lescht Woch scho bekannt.

Elo sinn also déi Organisateuren, déi op de leschte Stëppel vill müssen ofsoen, wierklech gehäit. An et muss ee kucken, wéi dann elo domadder ëmgaange gétt, vusaite vun der Regierung.

Ech si mer bewosst, dass et eng ganz schwéier Situatioun ass, och fir d'Regierung, fir Decisiounen ze huelen. Et mécht een natierlech ëmmer Feeler. Et kann een och net alles richteg maachen. Dat ass mer bewosst. An awer mengen ech wierklech, dass déi Assurance, mat där hei gesot gétt, et géif een de Principe de précaution uwenen, e weénege ... jo, net richteg ass. E Principe de précaution wär d'lescht Woch richteg gewiescht! Dës Woch mengen ech wierklech, dass dat ze spéit kënn. D'lescht Woch wousste mer dat schonn. An deem Sënn mengen ech wierklech, dass déi Selbstzerfridenheet, mat där een dat esou seet, am Endeffekt e bësselchen - jo, wéi soll ech soen? - net wierklech authentesch ass.

Elo awer mussen vill Leit, vill Benevoller hir Eventer op de leschte Stëppel ofsoen. An ech menge wierklech, dass mer eis net dierfe wonneren, wa mer nach vill méi Leit virun de Kapp stoussen, an dass d'Leit och wierklech mengen, et géif de Geck mat hinne gemaach ginn - all déi Leit, déi esou viles engagéiert hunn elo fir d'Chrëschtdeeg, fir ronderëm d'Chrëschtdeeg, fir all déi Fester. Ech mengen, dass mer domadder wierklech déi Mefiance, déi schonn do ass, alimentéieren, dass domadder ganz vill Leit wierklech d'Gefill hunn, dass mat hinnen am Endeffekt de Geck gemaach gétt.

Et war viruszegesinn. Ech hu mat engem Restaurateur geschwat, dee mer sot, dass en elo versicht, op de leschte Stëppel Schnelltester erbäizekréien. Eh hien, hien huet bei de Classes moyennes ugeruff an e krut gesot, dass d'Schnelltester fréistens den 29. Dezember géifen ukommen. Ech weess net: Wivill waren et der? 7,5 Millioun Schnelltester, mengen ech, ware bestallt ginn - déi solle fréistens den 29. Dezember ukommen. Bis dohinner sinn also keng do fir all déi Restaurateuren, déi der elo brauchen. An e krut gesot vun de Classes moyennes, wéi en ugeruff huet: „Eh bien, da verrechent dat Äre Clienten.“ Dat kann et jo awer net sinn! Et ka jo awer net sinn, dass mer déi Leit einfach all esou am Ree stoe loossen. Dat ass déi eng Saach.

Déi aner Saach ass: eelef Auer Spärstonn am Horeca-Beräich. Firwat eelef Auer? Wéi komme mer op eelef Auer? Och déi Fro hat ech gestallt: Wat ass d'Begrënnung fir déi eelef Auer? Firwat net zwielef Auer? Firwat net eng Auer? Wa mer jo schonn den 2G respektiv den 2G+ hunn, wat jo schonn en immens séchere Regimm ass, wat schonn immens restriktiv ass, firwat dann eelef Auer?

Och do krut ech gesot: „Et gétt eigentlech keng wëssenschaftlech Begrënnung dofir“, an dass et eng pragmatesch Léisung wär. Ech verstinn och, dass ee muss pragmatesch Léisungen huelen, mee hei, ganz éierlech: Déi am Horeca hunn et schonn immens schwéier. Si hu sech wierklech scho geplot. An dofir mengen ech wierklech, dass eelef Auer eng relativ arbiträr Limit ass, wou ee wierklech hätt kënnen op de Wee goen an, wa mer schonn den 2G respektiv den 2G+ hunn, dann zwielef Auer oder eng Auer an der Nuecht hätt kënne soe fir si. Also och do froen ech mech: Ass dat wierklech néideg?

Dann an de Schoulen d'Maskepflicht, mir hu se och schonn e puermol hei ugeschwat, d'Maskepflicht an de Schoulen. Ech weess: Déi eng sinn derfir, déi aner sinn net derfir. Mir gesinn dat immens skeptesch. Och do froen ech mech: Wéi eng nei Elementer sinn derbäikomm säit der leschter Woch? D'lescht Woch huet den Educationsminister eis hei gesot, et géife keng nei Mesurë kommen, d'Kanner géife sech jo dräimol d'Woch teste loossen, ...

(Interruptions)

... et wär net néideg. Wéi eng nei Erkenntnisser hu mer säit der leschter Woch, fir dat ze änneren?! Och do gesinn ech keng nei Erkenntnisser, ausser dass d'Zuelen héich sinn. D'Kanner sinn immens infektiéis. Dat wousste mer och schonn an deene leschten dräi Wochen.

Mir stinn där Mesure do immens skeptesch géint-iwwer, well d'Kanner, wéi gesot, schonn dräimol d'Woch getest ginn, mat deene selwechte Kanner do setzen. An d'Mask ass jo wierklech just „étant assis“, net wa se opstinn, da mussen se se jo undinn.

Also och do: keng nei Erkenntnisser. Et ass einfach eng Moosnam, déi geholl gétt, et mengt ee bal, aus heiterem Himmel eraus.

Ech verstinn, dass mer mussen Mesuren huelen, verstitt mech net falsch! Ech verstinn, dass ee muss preventiv handeln, verstitt mech och do net falsch! Ech mengen, déi eng Mesurë si méi gerechtfertegt wéi déi aner. Et muss een differenzéiert drun erugeen.

Ech verstinn och, dass een net alles ka richteg maachen, et ass mer kloer. Wéi gesot, mir verstinn, dass Rassemblementen müssen ofgesot ginn, mee zum Beispill elo déi Mesure vun eelef Auer am Horeca fannen ech eng relativ arbiträr Linn, déi do an de Raum gestallt gétt. Et huet een e weénege d'Gefill, wéi wann d'Regierung géif mat der Kaart spillen a géif hoffen, dass se am Endeffekt déi richteg Kaart gezunn huet.

Dee ganzen Hin an Hier huet natierlech als Konsequenz, dass ganz vill Bierger, Biergerinnen, Residenten net méi wierklech wëssen, éischens emol, wat dann elo vu Mesuren en place ass, vläicht och net méi wierklech der Regierung vertrauen, well jo permanent alles geännert gétt - natierlech net alles, verstitt mech net falsch, mee viles geännert gétt -, virun allem kuerz no engem leschte Vott. An dat alimentéiert natierlech och déi, déi extreem kritesch si respektiv déi schonn immens opstëppelen an deem sozial ugespaante Klima, an deem mer sinn. Dat ass Waasser op d'Mille fir all déi, déi op d'Strooss gi respektiv déi déi Mouvementer do undriewen an ustëppelen.

D'lescht Woch dann - wa mer vu Previsibilitéit schwätzen, den Här Wiseler huet et virdu gesot - sinn ech hei ausgelaacht ginn, wéi ech vun enger Zort Plang geschwat hunn. Ech sinn duergestallt ginn, wéi wann ech hei wéilt e rigide Plang proposéieren. Dat war natierlech net de Fall. Mir hunn einfach vun enger Previsibilitéit geschwat. An dat heite confirméiert nach eemol méi, dass mer eng Visioun brauchen - och wéi den Här Wiseler et gesot huet -, eng Visioun, e Wee, iergendeppes wat eis plus ou moins weist, wou et higeet, natierlech net rigid, mee flexibel, wou ee sech kann upassen un d'Situatiounen. Mee och do si mer ausgelaacht ginn!

Wa mer kritiséieren, kréie mer gesot, mir géife just kritiséieren. Wa mer eppes proposéieren, ass et och net gutt!

(Interruptions)

Wéi gesot: Previsibilitéit, do kéint een zum Beispill soen - geneesou wéi fir d'Spideeler d'Phasen 1, 2, 3, 4 -, wéini an de Schoule Maske gedroe ginn. Wéi gesot, d'lescht Woch krute mer gesot: „keng nei Mesuren“, elo op eemol: „nei Mesuren, Masken“. Wat ass de Seuil? Do gétt et kee Seuil, well et ass keen neit Element derbäikomm. Et ass dat, wat ech eigentlech gemengt hunn, dass een e bësselche weess: Wou gi mer hin an deenen ..., eng Zort Phasen u sech?

Dann nach e Punkt, un deen ech wéilt erënneren: Wou kënn den Omikron hier? Well dat ass jo de Kontext, an dee mer eis hei aschreiw. Den Omikron kënn, Dir wësst et, aus Südafrika. An dofir: Erënnere mer eis drun, dass mer eng Pandemie nëmme weltwäit kënne bekämpfen an net national kënne bekämpfen!

Ech ka mech eigentlech just wonneren iwwert déi - an dat ass elo kee Reproche, well dat mécht jo all Land esou - national Erugeenswee, fir déi Pandemie hei ze bekämpfen, déi eng weltwäit Pandemie ass! An ech wéilt drun erënneren, dass mir schonn eng Kéier eng Motioun hei agereecht haten - dat waren deemools meng Kollege Marc Baum an David Wagner, déi eng Motioun agereecht haten hei - zu der Suspension vun de Breveten op den Impfstoffen an dass déi Fro nach ëmmer am Raum steet

Et sinn awer e puer nei Elementer derbäikomm: natierlech eng nei Variant, déi dat erëm eng Kéier confirméiert. Den Joe Biden an de Vereenegte Staate setzt sech entre-temps och dofir an, dass déi Brevete solle suspendéiert ginn. An dofir géif ech nach eng Kéier esou eng Motioun hei era-reechen, well ech mengen, et ass en neie Moment an awer ass et eng Confirmatioun vun där Fro. Mir kënnen déi Pandemie nëmme bewältegen, wa mer se all zesumme bewältegen, mat deenen anere Länner gemeinsam a mat der ganzer Weltbevölkerung am Boot an net ee géint deenen aneren!

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).**- Très bien!

Motion 4

La Chambre des Députés,

considérant

- que le 11 mars 2020, l'Organisation mondiale de la santé (OMS) a déclaré que la maladie liée au coronavirus 2019 (Covid-19) était une pandémie mondiale ;

- qu'une réponse efficace à la pandémie de Covid-19 exige un accès rapide à des produits médicaux abordables, y compris des kits de diagnostic, des masques médicaux, d'autres équipements de protection individuelle et des ventilateurs, ainsi qu'à

des vaccins et des médicaments pour la prévention et le traitement de patients dans une situation d'extrême nécessité ;

- que l'expansion rapide de la fabrication à l'échelle mondiale est une solution cruciale évidente pour faire en sorte que les produits médicaux soient disponibles en temps utile et soient abordables pour tous les pays dans le besoin ;

- qu'au niveau international, la lutte contre la pandémie exige un important effort de solidarité mondiale et un partage mondial sans entrave de technologies et de savoir-faire ;

- que l'Inde et l'Afrique du Sud ont introduit le 2 octobre 2020 une proposition à l'Organisation mondiale du commerce (OMC) qui produirait l'effet que les obligations de ses membres découlant de certaines dispositions de l'Accord sur les aspects des droits de propriété intellectuelle qui touchent au commerce (ADPIC) fassent l'objet d'une dérogation temporaire en ce qui concerne la prévention, l'endiguement ou le traitement de la Covid-19 ;

- que la demande de l'Inde et de l'Afrique du Sud est entre-temps soutenue par une très large majorité des États du monde, alors qu'une minorité d'États, dont les pays membres de l'Union européenne, s'y oppose ;

- que 21 mois après le début de la pandémie, les approches basées sur des licences volontaires préconisées par certains pays se sont révélées insuffisantes à l'échelle mondiale pour permettre un approvisionnement suffisant et rapide en ce qui concerne les produits en faveur de la prévention, de l'endiguement ou du traitement de la Covid-19 ;

- que les flexibilités prévues par l'accord sur les ADPIC n'ont jamais été conçues pour faire face à une crise sanitaire de cette ampleur, sans compter que de nombreux pays ne disposent pas des capacités institutionnelles nécessaires pour utiliser ces flexibilités ;

- que notamment les licences obligatoires, délivrées pays par pays, au cas par cas et produit par produit, sont inadéquates de par la lourdeur de leurs procédures à faire face à la crise mondiale actuelle ;

- que l'initiative COVAX est certes utile et importante, mais malheureusement insuffisante, étant donné que seulement 800 millions de vaccins, à l'heure actuelle, ont pu être distribués à travers l'initiative COVAX pour une population cible estimée à quatre milliards de personnes ;

- que les Gouvernements et les organismes de financement public du monde entier ont investi des sommes colossales en argent public pour soutenir la recherche-développement sur la Covid-19, en particulier en ce qui concerne les médicaments et les vaccins, et qu'au vu de la gravité de la crise mondiale, ces produits devraient être considérés comme un bien public mondial ;

- que la proposition de dérogation décrite ci-dessus représente une solution mondiale rapide, ouverte et automatique, qui permettrait une collaboration ininterrompue pour ce qui est de développer et d'intensifier la production et la fourniture des produits, et qui apporterait une réponse collective au défi mondial auquel tous les pays sont confrontés ;

- que l'administration américaine de Joe Biden est ouverte et soutient la levée des brevets depuis le mois de mai 2021 ;

- que le variant Omicron a été découvert fin novembre en Afrique du Sud, ce qui confirme encore une fois l'insécurité autour de nouveaux variants et l'urgence de l'accessibilité du vaccin dans le monde, invite le Gouvernement

- à soutenir la proposition de dérogation temporaire introduite le 2 octobre 2020 par l'Inde et l'Afrique du Sud à l'Organisation mondiale du commerce ;

- à entreprendre, au sein de l'Union européenne, toutes les initiatives possibles susceptibles d'entraîner le soutien de l'Union européenne à la proposition de dérogation temporaire introduite le 2 octobre 2020 par l'Inde et l'Afrique du Sud à l'Organisation mondiale du commerce.

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).**- An nach eng Kéier en anere Punkt, och dat war schonn ugeschwat ginn: Mir mengen, dass ee wierklech misst an der Campagne de vaccination nach vill méi geziilt un d'Leit eruntriend. Mir hunn net d'Gefill, dass dat gemaach gouf! Et ass hei rieds gaange vun deem Bremer Modell, deen ass och schonn d'lescht Woch ugeschwat ginn. Zu Brema si se wierklech geziilt an d'Quartiere gaangen, op d'Leit duergaangen. Si hunn d'Leit identifizéiert, déi resistent waren, déi sech net wullen impfe loossen. Si sinn och sproochlech a kulturell op déi Communautéiten agaangen. Och dat ass zu Lëtzebuerg eiser Meenung no net genuch geschitt. A mir mengen, éier een iwwer eng Impfpflicht schwätzt, misst ee mol nach all déi aner Kaarten ausspillen,





déi eiser Meenung no net alleguerten ausgespillt goufen, an notamment eebe wierklech eng geziilt Impfcampagne lancéieren, wou ee wierklech op d'Leit an de Quartieren duergeet an op si an hir Ängschten ageet.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*). - Très bien!

■ **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*). - Dann nach zwou, dräi kleng Saachen. Ech wéilt nach eng kéier den Appell maachen un déi eeler a vulnerabel Matbierger a Matbiergerinnen, déi sech net impfe gelooss hunn, dat trotzdeem ze envisagéieren, well mir wëssen alleguerten - an dat ass kloer -, dass d'Impfung e Schutz ass, e Schutz ass virun enger schwéierier Erkrankung, mee effektiv och den Drock vun de Spideeler erföhlt. Ech mengen, et ass ganz wichteg, dat kloer ze soen, dass mer deen Appell maachen.

Dofir dann och nach eng kéier merci un d'Gesondheetspersonal, virun allem un déi, déi elo och iwwert d'Feierdeeg mussen schaffen. Ganz kloer och e Gedanken un all déi, déi hir Feierdeeg mussen eleng verbréngen, déi eventuell och elo krank sinn an déi hir Feierdeeg mussen eleng verbréngen. An lech alleguerten an deenen, déi hei ganz vill geschafft hunn an deene leschten Deeg, ganz schéin a roueg Feierdeeg! Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*). - Très bien!

■ **Une voix**. - Merci gläichfalls!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*). - Merci. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt och vu mir e grouse Merci un de Rapportier fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëffleche Rapport, deen dës kéier ënner immensem Zäitdruck entstanen ass. Ech mengen, manner wéi 48 Stonne vum Depot vum Gesetz bis hei zum Debat, dat ass e Rekord, dee mer hoffentlech net nach eng kéier musse briechen! Woubäi, wann d'Indicateure sech verschlechteren, si mer natierlech prett. Ech mengen, dat ass dat, wat mer haut bewisen hunn.

Virun allem wëll ech awer och dem Chamberspersonal an och dem Personal aus de jeeweilege Fraktiounen a ganz besonnesch natierlech eisem Personal bei de Piraten Merci soen. Well esou vill Aarbecht kuerz virun de Chrëschtdeeg ass sécherlech net dat, wat se sech erwaart hunn, wéi se déi éischte kéier bei ee vun eis schaffe komm sinn, egal bei wie vun eis. An ech mengen, och d'Personal um Ministère hätt sech dëst Joer méi roueg Chrëschtdeeg gewënscht, wéi nach eng kéier mussen d'urgence eng Gesetzespropos ze maachen.

Mir alleguerten heibannen hate jo gehofft, dass mer net nach eemol um 24. Dezember missten hei stoen an en neit Covidgesetz stëmmen. Mir hate gehofft, wéi mer d'lescht Joer ëm dës Zäit hei stoungen, dass d'Impfung eis géif esou séier aus där Kris erausféieren, dass mer dëst Joer quasi erëm zur Normalitéit géife kommen.

Bref, mir sinn enttäuscht ginn! Ze schéi wier et gewiescht, wann d'Omikron-Variant net esou grav zougeschoen hätt, wéi mer et elo grad a ville Länner gesinn an et wärscheinlech och zu Lëtzebuerg progressiv kënn, och wann de leschte Rapport vum LNS jo zwou Wochen al ass.

Datt den Omikron awer iwwerhaupt haut ënner eis ass, ass och e bësse selwer verscholt. Géife mer nämlech endlech d'Patenter op den Impfstoff aussetzen, kéinte vill méi Länner selwer en Impfstoff histerellen, amplatz dass se op eis Spenden aus dem COVAX-Programm waarde mussen, Spenden, déi dann deelweis nach net emol gemaach ginn, well et anscheinend ze komplizéiert ass, 13.000 Dosen AstraZeneca iergendwou hinzuschécken. Fir dann zwou Wochen drop ze liesen, dass an Thailand elo 130.000 Dosen Impfstoff geliwwert goufen! Do stellen ech mer dann awer iergendwou d'Fro, ob dat kohärent ass.

Anerersäits ass den Omikron um afrikanesche Kontinent entstanen, grad do, wou déi weïneggst Leit geimpft sinn. An déi Mënschen dohanne kënnen nâischt dofir! Well do, wou de Virus méi zirkuléiert, ass d'Probabilitéit, dass Mutatiounen zustane kommen, déi um Enn vum Krees dann erëm bei eis zrëckkommen. D'WHO huet et gesot: „Mir sinn net sécher, bis jiddweree sécher ass“, also eng Never-ending-Story.

Dofir soe mir Piraten ganz kloer: Kommt, mir setzen dëser Pandemie en Enn, andeems déi existéierend Patenter endlech ausgesat ginn! Dat hei ass eng weltwäit Noutsituatioun. Hei muss een d'Ausnam zur Regel maachen!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et sief awer ugemierkt, dass dëst Gesetz haut net hätt misse gestëmmt ginn, wann d'Regierung de Propose vun der Oppositoun d'lescht Woch e bësse méi Gehéier geschenkt hätt. Mee d'Regierung huet zesumme mat den Deputéierte vun der Majoritéit hir politesch Entscheedunge getraff. Mir waren op

verschiedene Punkten anerer Meenung a wéi et schéngt, hate mer zu engem gudden Deel Recht mat deene Bemierkungen.

A gleeft mer: Et mécht kee Pleséier, an dësem Fall Recht ze hunn, well d'Infektiounsgeschéien ass ze eescht, fir sech op d'Schëller ze klappen. Mir sollten zesummen no Léisunge sichen. An et war schonn d'lescht Woch ofzegesinn, wann och deemools nach net confirméiert, dass den Omikron géif ëm sech schloen. Schonn den 29. November hu mer an engem Communiqué op d'méiglech Gefor vum Omikron a Verbindung mat de Feierdeeg opmierksam gemaach. Mee d'Regierung huet dat scheinbar, zumindest bis d'lescht Woch, net esou wëllen an e Gesetz géissen.

D'Covid-19-Infektiounszuelen am Land huele weider zou. D'Etüde weisen, dass d'Wierksamkeit vun den Impfung mat der Zäit noléisst. Ëmmer méi gefälscht Impfzertifikater kurséieren. Mir wësse méttlerweil, dass och zertiféiert Schnelltester iwwert déi obskuerst Weeër ausgestallt ginn. An den Omikron wäert och hei zu Lëtzebuerg dominant ginn.

Dofir hate mir Piraten beim leschte Vott ganz kloer gesot, dass einfach erëm méi getest muss ginn en présentiell. Et geet net méi duer, nëmmen op de CovidCheck-System ze setzen an ze hoffen, dass d'Impfung eis schnell duerch d'Pandemie bréngt. Och mat 70 % geimpfte Biergerinnen a Bierger zirkuléiert de Virus leider weider.

De Message vun der Regierung d'lescht Woch hätt eigentlech misse sinn: Bleift doheem! Huelt keng onnéideg Risiken! Haalt de Mask un! Bleift op Distanz zueneen, och wann Der geimpft sidd!

An dofir hunn ech och kee Problem mat der Spärstonn vun 23.00 Auer. Well d'Rechnung ass jo, wa mer eis alleguerten déif an d'Ae kucken, u sech ganz séier gemaach: Méi spéit féiert zu méi Promill, féiert zu manner Distanz. En einfache Calcul, wa mer éierlech matenee sinn, gi mer eis dat zou! Am Restaurant, am Bistro, och doheem: Wat et méi spéit gëtt, wat d'Distanz an d'Hemmunge méi falen.

A wéi stoung virun e puer Wochen am „Lëtzeburger Land“: „Covid-Check heißt nicht Covid-frei“. Dat musse mer de Leit ze verstoe ginn! Mir sinn nach net duerch dës Pandemie a fir dat soziaalt Liewen esou gutt wéi méiglech ze erhalen, ass et dofir an eisen Aen onerlässlech, dass mer weiderhi massiv an der Populatioun testen.

De leschte Mount hate mer gefuerdert, dass de Large-Scale-Testing während de Wanterméint erëm soll opgemaach ginn, méiglecherweis mat Schnelltester, méiglecherweis mat deenen neie ganz séiere PCR-Tester vun 30 Minuten - well beim Omikron wësse mer, dass et deelweis op e puer Stonnen ukënn zwëschent dem Test an enger méiglecher Infektioun -, an och, dass geimpft Persounen erëm méi reegelméisseg getest musse ginn.

Mir Piraten sinn dofir frou, dass d'Regierung erëm wëllt op de Wee vu méi Tester goen! Mir si fir e flächendeckend Notze vu Schnelltester, fir d'Gefor vun enger Infektioun weider ze drécken a méi Infektiounen ze fannen. Well all Infektioun, déi fonnt gëtt, ass besser wéi eng Infektioun, déi net fonnt gëtt.

Mir hätten eis awer gewënscht, dass jidderee sech test an net nëmme verschidde Gruppe mat verschiddene Regimier. Wéi erkläre mer, dass mer op der Aarbecht de Leit soen: „Äre Schnelltest huet 24 Stonne Gültigkeit“, während mer an der Schoul soen: „Mir testen nëmmen dräimol d'Woch“? Am Lycée teste mer souguer nëmmen zweemol d'Woch, dovun nëmmen eemol am Presentiell. Entweder ginn do aner Tester benotzt oder ech verstinn et net! D'Education schaff nach ëmmer mat ganz anere Systemer wéi d'Allgemengheet.

Mir haten an der Schoul elo op eemol erëm eng Maskepflicht, déi an d'Gesetz kënn, woubäi mer virun aacht Deeg vum Minister gesot kruten: „Mir brauche keng Maskepflicht, well mir testen esou vill.“ Ma d'Schoul test manner wéi een, deen ab dem 15. Januar wëllt schaffe goen. An awer gouf gesot: „Nee, Maskepflicht brauche mer net.“ Elo, aacht Deeg méi spéit, ass iergendwou en Declic komm am Educationsministère: „Mir brauchen eng Maskepflicht.“

Ech verstinn, wou et hierkënn. Mir kruten d'lescht Woch d'Zuele gewisen, dass mer an der Schoul, am Fondamental deelweis Inzidenze vun 950 haten. Dat heescht, dass quasi ee vun honnert Schüler positiv war an där nämmlecher Woch. Ee vun honnert! Wa mer dat zwee Joer laang duerchmaachen, dann ass an der Schoul jiddereen eng kéier duerch d'Infektioun gaangen. Dat ass enorm! Ech verstinn also, dass awer iergendwann eng kéier den Declic komm ass a gesot gouf: „Mir maachen elo Maskepflicht.“

Impfe wirkt awer och, an dat weisen déi nämmlech Zuelen, well am Lycée zum Beispill sinn d'Infektiounszuelen dëst Joer méi niddreg wéi d'lescht Joer. An ech mengen, dass ass och e wichtige Message, an ech fannen et schued, dass d'Regierung dee Message net méi offensiv no bausse gedroen huet, déi Zuelen net kloer no bausse komunizéiert. Dat hätt kloer gewisen: Impfe wirkt.

Kuckt lech eng kéier den Ënnerscheed an den Alterstranchen un: Dir gesitt et, grafesch opbereet, an net an iergendenger Tabell.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Tat-saach, dass elo Jonker anescht behandelt gi wéi déi manner Jonk, ass an eisen Aen net richtig. D'Jugend, déi sech impfe gelooss huet, mee sech nach net boostereren däerf, gëtt bei dësem Gesetzesprojet e bëssen op d'Säit gedréckt, wat - an de Gilles Baum huet et gesot -zu Frustration féiert, well se sech bestrooft fillt.

Mir Piraten sinn der Meenung, dass ee weinst Omikron net virsiichteg genuch ka sinn. Mir hätten dofir léiwer gehat, dass de Schnelltest fir jidderee géif spillen. Och de Staatsrot wär, mengen ech, mat där Mesure d'accord gewiescht.

Onofhängeg dovun, ob ee sech elo teste muss oder net, wëll ech awer hei den Appell maachen, dass jidderee sech an deenen nächste Woche reegelméisseg selwer test, egal ob net geimpft, geheelt oder geboostert. Notzt d'Schnelltester, virun allem ier der bei Kolleegen oder d'Famill gitt, an och duerno! Jidderee soll d'Méiglecheek hunn, sech eemol den Dag selwer ze testen. Dofir mussen erëm méi Tester op der Aarbecht zur Verfügung gestallt ginn an déi zousätzlech Tester däerfen d'Salariéen net zousätzlech belastschen.

Alternativ mussen déi zousätzlech kaafte Schnelltester vum Staat un d'Betriber verdeelt ginn. Déi Schnelltester sinn nämlech onofhängeg vun engem 3G op der Aarbechtsplaz, dee mir, wéi d'lescht Woch gesot an erkläert, net wäerten ënnerstëtzen, well e „pay to work“ ass inakzeptabel, well en net sozial gerecht ass. Den Drock, deen op Persoune mat gerénge Salairé gemaach gëtt, ass vill méi héich wéi deen, dee Persoune mat héije Salairen erlieden.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Virus war eis erëm e puer Schrëtt viraus, soudatt mer hei elo an der Urgence nobesseren. Et gëtt viles, wat mer nach net iwwert déi nei Variant wëssen. Mee eppes wësse mer: Impfe wirkt! Mee vu dass et ëmmer Leit wäert ginn, déi sech net kënnen oder wëllen impfe loossen, musse mer op d'Keïsscheiwentaktik zrëckgräifen: Keng vun de Mesuren, fir de Virus anzedämmen, ass perfekt. Dofir musse mer vill verschidden onperfekt Moosnamen iwwerteneeleen, fir esou perfekt wéi méiglech ze ginn. De sougenannte Keïsscheiwemodell weist kloer, dass testen, Masken, impfen, Distanz, lëften an Hygiène, alles zesummen de beschte Schutz bitt.

Ech widerhuelen dofir nach eng kéier mäin Appell: Bleift virsiichteg dabussen! Dot de Mask erëm un, test lech! A wann Dir nach net geimpft sidd, maacht et! Esou kënn mer jiddereen an eiser Gesellschaft schützen an esou kënn mer d'Feierdeeg an der gréisstméiglecher Sécherheet verbréngen.

Mir wäerten dëse Projet de loi haut net matstëmmen. Mee mir wëllen awer luwen, dass d'Regierung eise Fuerderung vum 2G+ respektiv dem 3G+ op d'mannst deelweis nokomm ass. Aus deem Grond hu mer dann och decidéiert, eis bei dësem Gesetz ze enthalen an net dergéint ze stëmmen. Ech wënschen lech all schéi Feierdeeg a bleift gesond. Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*). - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

#### Prises de position du Gouvernement

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*. - Här President, erlaabt mer fir d'éischt, lech, stellvertriedend fir d'Administratioun hei an och déi ganz Leit, déi hei an deem Haus schaffen, och den Deputéierten, de Fraktiounsmataarbechter an och dem Conseil d'État e grouse Merci ze soen, dass mer et fäerdegbréngen, hei an esou kuerzer Zäit dësen Text ze stëmmen.

Mir wëssen, dass d'Omikron-Variant eis net vill Zäit léisst. Déi lescht Zuelen, déi ech elo just de Moie matgedeelt kritt hunn, si scho bei 64. Déi lescht Zuel war 5, elo 11 an haut sinn et der 64. Dat heescht, dass et wierklech awer eng Entwécklung vum Omikron ass, déi ganz séier geet.

Mir wëssen, dass en zéngmol méi ustiechend ass. Mir wëssen, dass - dofir braucht een och kee Mathematiker ze sinn -, méi Leit wäerte krank ginn. Mir wëssen och, dass éischten Etüden no, an déi sinn elo ganz rezent, den Omikron manner geféierlech schéngt ze sinn. En ass méi ustiechend, awer manner geféierlech. Déi Etüd huet och virgëschter hir Resultater presentéiert, dass a Groussbritannien 24 mat Omikron infizéiert Persoune manner hu missen hospitaliséiert ginn, wéi dat bei der Variant Delta de Fall war. Mee wann een hospitaliséiert gëtt, seet och déi selwecht Etüd, ass de Verlaf och d'selwecht an net besser.

Déi héich Unzuel vun Infektiounen wäert och méi Leit an d'Spideeler bréngen an och méi Leit wäerten dorunner stierwen. Dat ass eng Tatsaach. A mir wäerten och an eng Situatioun kommen, wa vill Leit

positiv ginn, dass och eng Rëtsch vun essenzielle Servicere kéinten ausfalen. Ech schwätze vun Dokteren, ech schwätze vun Infirmièren, déi haut an de Spideeler sinn - an erlaabt mer, déi och ze ernimmen.

Ech war nach gëschter mat der Madamm Gesondheetsministesch zesummen an d'Spideeler. Ech muss lech soen, dass d'Moral bei ville vun deene Professionellen aus der Santé net grad déi bescht ass. Virun zwee Joer waren et nach Helden. Hautdesdaags hu se Schwieregkeeten, wa se selwer mat Leit an de Spideeler ze dinn hunn, déi, och wa se souguer op der Intensivstatioun sinn, soen: „Jo, ech hunn awer nach ëmmer keen ...“ - „Ech sinn net krank, fir mech ass et net dës Krankheet. Dat sinn alles Ligen, dat gëtt et net!“, et cetera. An ech muss soen, dass dat fir déi och ganz frustrant ass.

Fir eis ass et awer immens wichteg, Här President, dass, wa mer Mesuré proposéieren als Regierung, mer déi net einfach esou decidéieren, andeem mer soen: „Kommt, elo huele mer emol dat do!“ Ech muss lech soen, dass een d'Fräiheeten net soll einfach aschränken. Ech hunn d'Gefill, bei Verschiddene gëtt gesot: „Et ass ze spéit. Dir hätt scho solle viru Woche verschidde Restriktiounen huelen!“

Anerer hunn ... An ech sinn awer e bëssen iwwerrascht, Här President, wann ech Virriedner héieren, a virun allem de Leader vun der gréisster Oppositiouspartei, well ech hu kee Wuert héieren - ech hunn nach de Moien express dem Här Wiseler seng Ried nach eng kéier nogelauschtert - iwwer Warnungen, dass den Omikron en marche wier et cetera et cetera! A wa meng Sourcé gutt sinn, da war d'Madamm Oberweis wierklech déi Persoun, déi hei an der Chamber och gesot huet - dat soll een dann och hei soen -: „Hei, passt op, do riskéiere mer awer elo nees ganz rapid mussen zesummenzekomme wënst der Omikron-Variant.“ Dat heescht, haut si mer all iwwerrascht, wou d'lescht Woch awer ganz weïnegg Leit do iwwerhaupt eppes ze soen haten.

Fir mech ass et falsch ze soen, dass all déi Informatiounen iwwert d'Omikron-Variant scho bekannt waren. Et ass faktesch falsch! Dofir hunn ech och Schwieregkeeten, dat ze akzeptéieren, wann een hei d'Gefill gëtt, dass et besser gewiescht wier, mir hätte verschidden Informatiounen aus der Loft gegraff oder mir hätten eis einfach esou op eng Kristallkugel oder Kaffissazlieserei baséiert, fir och Fakten ze hunn.

De 15. an de 16. Dezember sinn nämlech éischt Analysen iwwert d'Wierksamkeit vun den mRNA-Vaccine mat an ouni Booster géint den Omikron erauskomm. De 17. an den 22. Dezember hu Fuerscher hir Resultater verëffentlecht, dass Omikron och héich ustiechbar ass bei Leit, déi sech scho mat enger anerer Variant ugestach haten. Den 21. Dezember hunn déi éischt brittesch Fuerscher hir Erkenntnisser iwwert déi nei Variant a Groussbritannien verëffentlecht. Hei geet et souwuel ëm d'Verbreedung an och ëm de Verlaf vun der Krankheet och mat Omikron.

Och Expertegremien aus onsen Nopeschlänner hunn hir Recommendationen nom 16. Dezember verëffentlecht. Den däitschen Experterat zum Beispill huet déi den 19. Dezember presentéiert. Zu Lëtzebuerg war och de 16. an de 17. tëschent der Direction de la santé an der Taskforce eng Reunoun iwwert d'Modellisatioun, eeben och nodeem déi nei Recommendationen vun der ECDC a vun der WHO un hir Memberstaate geschéckt gi sinn de 17. Dezember.

Jo, dat dote sinn d'Informatiounen, déi mer déi lescht Deeg kritt hunn a wou mer direkt wollte reagéieren, jo, souguer anticipéieren. D'Zuele weisen - a mir si keng Inse! -, dass de Risk besteet, dass an den nächsten Deeg awer eng Well wäert kommen, a mir hoffen a mir mussen alles maachen, dass et keen Tsunami gëtt, Här President! Dat ass de But vun deene Mesuren, déi mer wëllen huelen. Mir wëllen evitéieren, dass mer en Tsunami vun Omikron hei op Lëtzebuerg kréien, deen, ob en elo méi oder manner geféierlech ass, awer mat sech bréngt, dass dann d'Land geläämt ass an dass awer mathematesch automatesch, wann esou vill Leit matenee krank ginn, och méi Leit wäerten hospitaliséiert ginn.

Dowéinst, ech kann nëmmen nach eng kéier meng Verwonnerung iwwer verschidden Aussoe widderhuelen, wéi wann hei op eng kéier elo e Pilotage à vue géif gemaach ginn oder, au contraire, mir net préparéiert wieren. Ech mengen, dass et immens wichteg ass, dass mer eebe reagéieren an och anticipéieren. An dofir, ech kann dat mat deem „Stufeplang“, Här President, huet mer et net iwwel, ech kann et net méi héieren! Mir wësse jo pertinemment mat deem Omikron, dass mer wäerten an den nächsten Deeg ganz, ganz, ganz vill Leit positiv hunn. Ass dat dann de Krittär? Och wann den Impakt am Spidol méi kleng ass?

Dowéinst, déi Flexibilitéit, déi mer froen, ass jo au contraire, fir dass mer d'Leit net aspären, well ee Mechanismus vum Cliquet gemaach huet, dass da gesot gëtt: „A jo, mee an deem Stufeplang, do steet, ab 500 positive Fäll während enger Woch, da muss





Der nees alles zoumaachen.“ Dee Risk wäerte mer dës Woch an d'nächst Woch hunn! Dowéinst, dee Stufeplang, ech weess net, do si verschidde Feti-schisten, déi mengen, dass just e Stufeplang hei méiglech wär. Dës Regierung wëllt net hei einfach, ...

#### (Interruptions diverses)

... dës Regierung ... D'CSV fillt sech viséiert. Dat weist jo och, wie sech do ugesprach fillt.

Grad dee Mechanismus géif et net erlaben, wat mer bis elo gemaach hunn, dass mer d'Fräiheeten op dee selwechten Niveau wéi d'Restriktiounen gesat hunn an net deen ee vis-à-vis vun deem anere prioriséiert hunn. An dësem Land si mer houfreg, dass d'Fräiheeten ons, der Regierung, dëser Majoritéit nach ëmmer esou wichteg sinn!

#### ■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, wat fir mech och nach ganz wichteg ass, dat ass, dass een elo emol weess, dass den Omikron sech iwwer Aerosollen iwwerdréit. Grouss Mënschemasse mussen verhënnert ginn. Dowéinst, ech weess, an den Här Engel an den Här Baum hunn et och gesot, et ass net flott, fir Studentebaler esou kuerzfristeg ofzesoen. An et wäert jo kee mengen, dass d'Madamm Lenert an ech an déi 15 aner Regierungskolleegeen - well wa mir zwee hei stinn, do si 15 aner Regierungskolleegeen, déi stonnelaang, deeglaang, nuechtelaang zesumme schaffen, fir iwwert d'Mesuren ze diskutéieren -, dass iergendee vun eis eng Freed huet, wa mer Mesuré mussen huelen!

Dat dote si Mesuren, wou mer de Pro an de Kontra setzen. Mee mir wëssen, wa 4.000 Leit zesummenkommen ouni Mask, ouni Distanz, ouni ze setzen, an engem zouene Raum, an dat elo, wou een no fënnef Deeg en plus riskéiert, nach net ze wëssen, dass een ugestach ginn ass, awer positiv ka sinn an awer ee weider kann ustiechen, dass mer nom 24. Dezember a 25. Dezember, dann dem 31. Dezember, dass mer de 5. oder 10. Januar en Tsunami doudsécher hei zu Lëtzebuerg hätten! Dofir wor et wichteg, och déi Restriktiounen ze hunn.

An d'Schnelltester fonctionéieren. Dat ass och eng wichteg Informatioun, déi mer kritt hunn iwwert den Omikron, déi net ze ënnerschätzen ass. A mir wëssen och, dass d'Impfung manner gutt wierkt beim Omikron; dat ass och eng Tatsaach, déi mer elo wëssen. Awer zum Beispill mam Booster si mer bal bei 70 %. Mee mir sinn net bei 100 %! Dofir, et soll kee mengen, mir géifen hei behaapten: „Wann Dir bis geboostert sidd, geschitt lech guer näischt.“ Mee Dir hutt manner Risiken! D'Mask ass och keen honnertprozentege Schutz beim Omikron, mee 50 %. Dat heescht: Wann ee 50 % fir d'Mask huet, wann ee 70 % huet, well ee geboostert ginn ass, huet ee méi Chancen, kee schlëmme Verlaf ze hu wéi aner Leit, déi weeder eng Mask unhunn nach geimpft sinn.

Dowéinst: Loosst lech impfen! Haalt lech un d'Geste-barriären! Maacht och d'Schnelltester do, wou Der et kënnt maachen! Ech kann och just de Leit recommandéieren, wa se den Owend d'Famill gesinn an déi Leit, déi se gären hunn, dass se sollen och Schnelltester maachen. Dat ass och ganz wichteg.

An deem Kontext hu mir och 7,7 Milliounen zousätzlech Tester kaaft - ech wollt lech dat och matdeelen - an der Procédure d'urgence. Dowéinst, zu där Fro, déi och vum honorablen Här Wiseler gestallt ginn ass, ob mer déi Tester kéinten zur Verfügung stellen - oder ech weess net méi, wie se deposéiert huet -, an dass all déi Leit, déi nach net geboostert gi sinn, misste Schnelltester kréien: Nee! Déi Schnelltester solle jo elo sur place gemaach ginn, wou se och gefrot ginn!

Den 2G+ gétt jo gefrot am Café, am Restaurant, am Kino, am Theater, am Sport. An déi sollen d'Tester kréien! De But ass jo elo net, fir de Leit ze soen: „Elo maacht Der 2G doheem, wann Der en famille wëllt moies Kaffi drénken.“ De But ass, dass den 2G do gemaach gétt, wou en och gefrot gétt, an den 2G+. An dowéinst wäerten och op deene Plazen déi 7 Milliounen Tester verdeelt ginn.

Mir hunn och decidéiert, nodeems den CSMI och gesot huet, si hätten domadder kee Problem, dass och déi jonk Leit tëschent fënnef an eelef Joer sollte geimpft ginn. A just zur Informatioun: Gëschter eleng - well ech kréie gesot, dat wéisst keen, dass dat kéint goen -, gëschter eleng sinn 273 Kanner geimpft ginn. Wat vill ass! 273 Kanner hunn nieft deenen anere Fillen - well et si jo och net esou vill Fillen, déi fir d'Kanner opsinn -, mee 273 hunn der kënne geimpft ginn. Wéi gesot, mir sinn hei an enger Approche vu Precautioun vis-à-vis vun enger neier Variant.

Dann iwwert d'Impfflicht. Also ech si jo dann iwwerzeegt, Här President, dass déi Leit, déi jo awer dës Briefing, dee mer d'lescht Woch hatten ... Oder dës Woch, wéini war et? Nee, dës Woch war et. An dofir wäerte mer dann och op d'Zoustëmmung vun der CSV kënne rechnen, aus-

ser - ausser! - d'CSV seet eis elo: „Deen, deen haut net seet, en ass fir d'Impfflicht, dee läit falsch!“

Mir hunn eis engagéiert als Regierung, Här President, dass mer zesumme géife kucken, verfassungsméisseg, administrativement, Contraventioun, Avertissement, wat d'Rechter si vun deem engen, vun deem aneren, dass mer doriwwer wëlte fir Mëtt Januar en Text hunn, dass mer iwwert deen hei an der Chamber - dat hu mer schonn ugekënnegt! -, hei an der Chamber an engem Débat de consultation gären d'Mee-nung hätten an en dann direkt drop géifen deposéieren. D'Justizministesch ass amgaangen, Vergläicher ze maache mat den anere Länner, ass amgaangen ze kucken, wéi een Impakt dat hei hätt, wéi dat sanktionéiert ka ginn, dat heescht, wéi eng Strofen oder net Strofen, all déi Saachen.

Mee da kommt, mir sinn awer éierlech! Elo ze soen: „Deen, deen net mat eis averstanen ass, dass mer haut d'Impfflicht hunn, direkt ...“, an: „Dat muss elo gemaach ginn, an ouni ze diskutéieren, an et muss ee fir d'éischt mam Personnel médical, ...

#### (Interruptions)

... mam Personnel médical ufänken.“ Ass dat oportun, mat hinnen unzufänken a se ze stigmatiséieren? Déi Fro muss ee sech och stellen! Et steet dran.

Dir sot och, mir misste kucken, dass mer d'Impfstoffe kréien. Dat maache mer säit zwee Joer! Et ass keng Nouveauté. D'CSV schreift, mir misste kucken, Impfstoffe ze kréien. Dat heescht, hei gëtt probéiert ze maachen, wéi wann all déi, déi haut net soen: „D'Impfflicht muss haut decidéiert ginn“, dat ouni ze wëssen, wat d'Konsequenze kënne sinn ... Wat sinn dann d'Konsequenze fir deen, deen net geimpft ass? Kritt en e Protokoll? Kritt en ...? Nee, haut. De Prinzip muss imposéiert ginn!

Dofir géif ech wierklech d'Chamber invitéieren an och zu der CSV hiner Positioun soen, wou ech mengen, dass de Majoritéitstext vill méi rasonabel ass: Kommt, mir ginn eis elo nach déi zwou, dräi Wochen, déi jo do sinn, fir zesummenzekommen, hei en Débat de consultation ze hunn an direkt drop en Text ze deposéieren, wou mer dann eis festleeën, ouni elo scho mussen ze soen: „Mir mussen mam Personnel médical ufänken“, „et muss esou an esou sinn!“ Mee kommt, mir ginn eis och déi Méiglechkeet, fir dat zesummen ze diskutéieren! An ech traue och doudsécher der Justizministesch, fir do den Text esou séier wéi méiglech da kënnen ze deposéieren, wa mer mat lech geschwat hunn.

Här President, d'Impfe wierkt. De Booster wierkt nach besser, dat ass eng Tatsaach. Een, dee gären hätt, dass mir lech soe kënnen, wéi déi nächst Wochen ausgesinn, dee géif hei Saache versprechen, déi een och net kann anhalen. Mir wëssen, dass d'Geste-barriären a besonnesch d'Masken e gewëssene Schutz bidden do, wou och Kontakter mat de Mënsche sinn.

Mir probéieren alles ze maachen, fir dass mer net an de Lockdown falen. Mir sinn eis och bewosst, dass d'Santé psychologique, psychiatrique vun de Leit e ganz, ganz wichtige Impakt huet, wann ee Krisen huet. Mir probéieren, en Equiliber ze hunn tëschent Fräiheeten a Restriktiounen. An d'Testen ass och en zousätzleche Schutz, deen net ze ënnerschätzen ass.

Ech wënschen, dass mer dës Feierdeeg ... Well ech wëll lech just drun erënneren, dass mer déi lescht Feierdeeg net konnten normal feieren, dës kéier kënne mer se e bësse méi normal feieren. An ech hoffen, dass e bësse méi Normalitéit net dozou féiert, an deenen nächste Wochen nei Problemer ze hunn. Et läit jidderengem an der Hand.

Mee mir si frou, nach an engem Land kënnen ze liewen, wou mer elo net einfach gesot hunn: „D'Kultur ass elo emol ganz zou, well déi si responsabel“ - a muer ass de Sport, muer ass et d'Educatioun -, mee wou mer kucken, dass d'Fräiheeten, d'Libertéiten, d'Rechter vun de Bierger a virun allem dat, wat hinne wichteg ass, e bëssen Normalitéit an hiren Alldag ze kréien, dass dat eis éischt Prioritéit soll bleiwen.

Ech soen lech Merci.

#### ■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Här Premierminister Xavier Bettel. An da ginn ech d'Wuert weider un d'Gesondheitsministesch, d'Madamm Paulette Lenert.

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Merci, Här President. Ech hunn u sech den Ausféierung vum Xavier Bettel net méi vill bäizefügen, et sief, dass ech mech uschlëisse mat Mercisoen un d'Ekippen, déi hei Aussergewéinlech geleescht hunn an der Urgence, a kuerzer Zäit, während de Feierdeeg, souwuel bei eis am Haus wéi an der ganzer Regierung wéi och natierlech an der Chamber hei. Mir hunn hei wierklech de Rekord gebrach.

Ech brauch och kengem ze soen, dass et keng Freed ass fir keen, och net fir mech, haut hei ze stoen. Ech géif ganz gär ëm dës Zäit bei menge Kanner um Dësch setzen a Chrëschttag ukléng

loossen. Dat ass eis alleguerten net ginn. Et weist awer, dass mer mat deem, zu deem mer eis engagéiert hunn, säit zwee Joer Eescht maachen.

Mir hunn ons engagéiert, déi beschtméiglech Léisung esou zäitno wéi méiglech fir eist Land ze proposéieren. An deem Sënn sinn d'Fräiheeten eis och wichteg a mir iwwerleeën eis séier gutt, wéini mer Aschränkunge maachen. Villes, wat virun zwou bis dräi Wochen, wéi deen éischten Text an der Genèse war, dee kierzlech gestëmmt ginn ass, ugeholl ginn ass, dat stëmmt, viles stoung am Raum, et ware Mutmaassungen do, ass awer eréischt kierzlech bestätegt ginn. A mir waarden op Bestätegung, ier mer handelen.

Mir konnten ons dat, wann een esou wëllt, och leeschten, well eis Situatioun am Verglach zu den anere Länner relativ gutt war. Ech wëll se net klengschwätzen, mee mir hateen net déi Explosiounen, déi aner Länner scho kannt hunn, soudass mer eis effektiv konnten d'Chance ginn, op d'Bestätegung ze waarden. Herno weess een ëmmer, wat bestätegt ginn ass.

Ech kann nëmme betounen, dass d'Wëssenschaft vun dësem Variant iwwerrascht ginn ass, weltwäit. Et hätt keen e fir esou ustiechend ageschat. Dofir kann ech nëmme staunen, wann hei scho kloer Visiounen ware virun enger Woch, wat dat da wierklech wär, déi Bestätegung. Eis Experten hateen déi kloer Vue net. Si hunn op déi Bestätegung gewaart, esou wéi vill aner Experten och. Haut hu mer se virleien. Soubal mer dat virleien hateen - ech mengen, d'Datume sinn zitéiert ginn am Detail -, hu mer ganz, ganz schnell gehandelt.

Mir sinn an enger Situatioun, wéi mer se kennen: Mir kréien engersäits vun der „Stëmm vun der Vernunft“ de blannen Aktivismus virgehait, dass mer iwwerdreien. Vun anerer Säit gëtt gesot: „Dat war jo alles scho previsibel. Et hätt een et missen éischter maachen! Et war kloer.“ Ech kann lech nëmme soen: Mir sinn d'Stëmm vun der Santé. Ech lauschteren op meng Experten. A mir hunn Erkenntnisser kritt rezent, déi hu mer ganz schnell afléisse gelooss. Dat, wouzou mir eis engagéieren, ass, eist Bescht ze maachen an dat kuerzzäiteg ze maachen.

An ech kann och nëmmen ënnersträichen, wa gesot ginn ass an der Introduktioun: „Vill Leit wëllen net méi, si kënnen net méi“, och mir wëllen net méi, och mir kënnen net méi. Et ass richtig, mir sinn epui-séiert, alleguerten. An trotzdem geheie mer d'Lä-felen net bei d'Tromm!

Ech kann nëmmen erëm bestätegen, dass mer, soulaang mer stoe kënnen, stoe bleiwen a probéieren, dës Kris ze stäipen, och wann et Feierdeeg sinn. E ganz grouse Merci u meng Leit! Et mécht keng Freed, fir d'Feierdeeg ze héieren, dass een onprofessionell ass, amateurhaft, dass een Zickzack firt, dass een net preparéiert ass, dass ee schludreg schafft. Mir sinn et zwar gewinnt, mir héieren et ëmmer erëm. Ech kann lech soen, et deet nach ëmmer wéi! Ech weess, dass meng Leit och dat heite verfollegen.

#### (Interruption)

Ech wëll hinne soen ... Jo, fir lech ass et d'Wourecht. Ech kann lech just soen: Majo gutt dann, ons deet et awer wéi. Ech weess, wéi dat d'Leit treëft. Ech hunn e bësselchen e Panzer opgebaut.

#### (Interruptions diverses)

Ech wëll menge Leit just bestätegen, dass ech han-nert hinne stinn, dass ech stolz sinn op déi Ausdauer, déi se hunn, ...

#### ■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- ... déi Resilienz, déi se hunn, fir bis an d'Nuecht eran ze schaffen, Nuechten duerchzeschaffen. Dat war dës kéier och nees um Programm. Dass se d'Weekender do sinn, dass se d'Feierdeeg do sinn an dass se hiert Bescht ginn! A virun allem, dass se nach d'Moral hunn. An dat hu mer um Terrain gesinn. Ech war gëschter bis zu den Tréine geréiert, dass d'Leit un der Front eis Courage maachen a soen: „Kuckt, dass Der et packt!“ Ech géif och wierklech gären all deene Leit Merci soen, déi immens léif Messagë geschéckt hunn iwwert déi lescht Deeg. E ganz grouse Merci dofir! Dat deet gutt. Dat ass dat, wat eise Bensinn ass, fir dass mer et packen.

Et ass net einfach virun Enn des Joers. An ech biede jiddwereen ëm Verständnis fir déi Mesuren. Se sinn net kloer. Si sinn net ëmmer kohärent. Ech muss och feststellen, dass mer dës kéier, bei all de Leçonnen, déi mer kréien, kee Land zitéiert kritt hunn, dat et da besser mécht. Dat war bis elo ëmmer de Fall. Elo schéngt et da just hei an der Chamber munchen esou ganz kloer gewiescht ze sinn, wat ee misst maachen a wéi ee wat misst plangen.

#### (Brouhaha)

Mir suivéieren trotzdem déi aner Länner, och wa mer keent hei zitéiert kréien. Dat gehéiert zu eiser Aarbecht, dass mer eis inspiréieren, dass mer kucken, wat fir Iwwerleeungen iwwert d'Grenzen

eraus sinn. Dat wäerte mer och weiderhi maachen. Mir wënschen eis just, dass mer nach nei Erkenntnisser kréien, déi eis zu enger Entspannung kënne beweegen.

Nach ass e lescht Wuert och net mat Omikron geschwat. Et kommen Dag fir Dag nei Erkenntnisser. A meng Hoffnung iwwert d'Feierdeeg ass, dass sech wäert erausstellen, dass et vläicht manner pathogène ass wéi erwaart, dass mer och do vläicht eng kéier eng gutt Iwwerraschung kréien. Dat kéint ee sech och wënschen. Ech mengen, dat sollte mer eis all zesumme wënschen. An ech wënsche jiddwerengem Kraaft a Courage, fir déi heiten Zäit ze iwwerstoen. Dat ass keng schéi Perspektiv. Et ass ongewëss. An ech kann lech leider keng Kloerheet bidden iwwert déi nächst Wochen. Soubal mer méi Kloerheet hunn, wäerte mer déi kommunikéieren.

Ech géif och gären nach eng kéier drun erënneren, dass déi Grënn, déi ugefouert gi si virun enger Woch, relativ kloer waren. Verschidde Parteien hu sech enthalen, well et anscheinend vun de Leit net verstane gëtt, wat de CovidCheck ass, dass se dat musse mellen. Dausende Leit maachen dat awer.

Dann ass sech enthale ginn, well net kloer war, wéi dat sollt fonctionéiere fir déi Leit, déi net kënne geimpft ginn. Och do - gëschter ass d'Fro gestallt ginn - hu mer mëttlerweil an deem ganz kuerzen Zäitraum awer schonn iwwer 200 Demandë kënnen traitéieren. D'Leit schéngen déi Prozeduren ze fan-nen. Dat schéngt ukomm ze sinn. Et leeft.

Dann d'Gratuitéit vun den Tester, dat ass ugeschwat ginn. Da war och ee vun de Grënn, oder och ee Grond wor net, dass mer net genuch Mesuré geholl hunn, mee ee vun de Grënn war, dass d'Leit net géife verstoen, dass d'Gesetz de 17. an net den 19. a Kraaft treëtt. Ech mengen, dass d'Leit dat verstanen hunn. Et ass eng ellen Nouvelle fir jiddwereen. Ech hunn d'Gefill, dass déi Messagen ukomm sinn, soudass déi Grënn vläicht awer e bësse superficiel waren.

Op alle Fall, mir bleift näischt anescht iwwereg, wéi eis alleguerten trotzdem Courage iwwert d'Feierdeeg ze wënschen. Passt op lech op! An ech hoffen, dass ech eng nächste kéier hei ka stoen a méi positiv Nouvelen hunn, wéi dat dës kéier de Fall ass. Ech soen lech Merci.

#### ■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools der Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert. D'Diskussioun ass elo ofgeschlossen.

#### Motions

Et ass gefrot ginn, virum Vott vum Gesetz iwwert d'Motiounen ofzestëmmen. Ass d'Chamber domadder averstanen?

#### (Assentiment)

Da kënne mer dat esou maachen.

#### Motion 1

Dann huele mer fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi fuerdert, datt d'Persounen, déi nach net kënne geboostert ginn, direkt gratis Schnelltester an ausreechendem Mooss zur Verfügung gestallt kréien. Wie wëllt nach zu dëser Motioun Stellung huelen? Den Här Premierminister, wannechgelift.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, ech sinn net den Auteur, mee ech wollt just erklären: Mir hunn iwwer 7 Milliounen Tester elo kaaft. Déi 7 Milliounen sollen dohinner kommen, wou déi Leit, déi jo an den 2G+ och kommen, se gebrauche sollen. Dat ass jo och de But: déi Leit, déi nach net geboostert sinn.

Dowéinst mengen ech, dass dës Motioun am Fong net deem entsprécht, wat wichteg ass, oder ech hu se falsch verstanen. Mee hei steet, dass d'Leit se sollen zur Verfügung kréien, wat falsch ass! Déi Tester gi jo sur place gemaach. Wat wichteg ass, ass, dass déi Leit, déi d'Tester och gemaach kréien, déi Tester zur Verfügung gestallt kréien. An do kucke mir op jidde Fall, mat deene 7 Milliounen dat och kënnen dann ze garantéieren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Premierminister. Da ginn ech d'Wuert un den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Jo. Merci, Här President. Ech maachen et och ganz kuerz. De Premierminister huet d'Äntwert ginn. Vu dass eng ganz Rei vun Tester bestallt sinn a se och op déi Plaze kommen, wou d'Leit se brauche beim 2G+ - am Horeca-Beräich, an der Kultur an am Sport, also do, wou se mussen en zousätzlechen Test maachen -, a vu dass se se do och fir näischt zur Verfügung gestallt kréien, si mer der Meinung, dass mer dës Motioun hei sollen ofleenen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Engel. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Ech hu virdrun a menger Ried duergeluecht, datt mer der Meinung sinn, datt jiddweree sech soll méi testen an net nëmmen déi Netgeboostert. A mir





sinn och der Meenung, datt dat am effikasseste geet iwwert d'Aarbechtsplaz respektiv iwwert déi Plazen, wou d'Leit sech treffen. An deementsprechend sinn ech frou, datt d'Horeca dann Tester kritt.

Ech sinn awer och der Meenung, datt et méi wäit sollt goen an datt mer u sech flächendeckend méi teste sollten an déi Tester sollten notzen, fir och op der Aarbechtsplaz zum Beispill flächendeckend nach eng Kéier ze testen. D'Testwoch war jo och e gewëssene Succès. Mee ech mengen, dat kéint ee méi flächendeckend an och vläicht eng Kéier während fënnef Deeg mat fënnef Tester maachen. Dofir wäerte mir och géint dës Motioun stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Clement. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Jo, villmools merci, Här President. Just ganz kurz. Dat heiten ass e Schrëtt an déi Richtung, déi mir preconiséieren, nämlech datt mer niewent den Impfungen och solle massiv op gratis Tester zrëckgräifen. An an deem Sënn wäerte mir déi Motioun hei matstëmmen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Kartheiser. Da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)**.- Entschëllegt, ech hätt eng Fro un d'Regierung, well ech héieren, si ginn d'Tester virun un déi betrafte Strukturen. Mee bis déi Schnelltester ukommen, wat ass bis dohinner? Well anscheinend komme se fréistens den 29. Dezember un. Wat geschitt bis dohinner? Well elo si jo awer eng Rei Evenementer an do sinn, mengen ech, eng Rei Leit am Besoin, trotzdeem ze wëssen: Wat geschitt bis dohinner? Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Oberweis. D'Regierung huet d'Wuert.

■ **M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État***.- Also déi, déi am Moment disponibel sinn, gi gekuckt zur Verfügung gestallt ze ginn. De Fait ass, déi 7,7 Milliounen, do kucke mer, esou séier wéi méiglech och drunzekommen. Et ass och schonn organiséiert ginn, dass déi och kënnen an den Ausstellungshalen, sauf erreur de ma part, ofgehall ginn. Oder duerch d'Chambre de Commerce, ech weess elo net méi ..., um Kierchbierg. Dat sinn déi dote Saachen, déi elo lafen am Moment.

Ech kann lech just soen, ech wor elo selwer meng Tester kafen, och fir den Owend. Dat heescht, et kritt een der nach lénks oder riets och ze kafen. An d'Regierung kuckt esou séier wéi méiglech ... Et ass jo net nei elo bannent deene leschten zwielef Stonnen, dass gesot ginn ass, dass d'Schnelltester beim 2G+ géife kommen. Ech mengen, et ass jo och scho méi laang bekannt. An ech weess, dass och eng ganz Rëtsch vu Leit sech schonn organiséiert hunn a se och sur place hunn.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Premierminister. An ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zrëck un d'Madamm Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)**.- Jo, pardon, et deet mer wierklech leed, dass ech nohaken, mee et ass mer net ganz kloer: Wéi vill sinn der dann nach do? Dat wier vläicht déi éischt Fro. Wësst Der dat ongeféier? A wou kann ee se siche goen? Well esou, wéi ech et héieren hu vun deem Restaurateur, dee sot, hie krut eebe gesot: „Jo, Dir musst se kafe goen op Är Käschten an Dir musst Ärem Client se verrechnen.“ Ass dat esou? Dee muss dem Client se verrechnen dann?

■ **M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État***.- En attendant, jo!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Et ass keng weider Wuertmeldung méi do. Da kënnen mer elo zum Vott iwwert d'Motioun d'Nummer 1 kommen.

#### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 27 Jo-Stëmme géint 32 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 33 voix contre 27 voix.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Octavie Modert), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Claude Wiseler), MM. Gilles Roth (par Mme Martine Hansen), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusty Graas (par M. Max Hahn), Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Claude Lamberty), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

#### Motion 2

Da kéime mer elo zur Motioun Nummer 2, déi vum Här Claude Wiseler deposéiert ass ginn. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Fernand Kartheiser, wannechgelift.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Jo, Här President, villmools merci. Ech hunn dem Här Wiseler selbstverständlech mat vill Interessi nogelauschtert. An ech muss awer soen, datt déi Konklusioun, zu där ech komm sinn, wéi ech seng Konklusioun héieren hunn ... E reprochéiert der Regierung, si géif en Zickzackkurs fueren. Ech sinn eigentlech der Iwwerzeegung, nodeem ech dem Här Wiseler nogelauschtert hunn, datt d'CSV op d'mannst gradesou en Zickzackkurs fiert. An ech wëll lech och soen, firwat. Ech wëll och dem Här Wiseler dat soen.

Ech hunn hei eng Motioun vun der CSV vum 18. Oktober 2021. Deemools ass net d'Impfflicht gefuerdert ginn, mee deemools ass gefuerdert ginn: «*considérant la nécessité de vacciner au moins 80 % de la population afin d'atteindre une immunité collective*», an da weider, datt sollt eng Informationscampagne gemaach ginn an datt déi sollt „net culpabilisante“ sinn. Dat ass also e Positionswissel vun der CSV ewech vun der Notion vun „immunité collective“ hin zu der Impfflicht.

#### (Brouhaha)

An da muss ech soen, d'CSV hat 80 % an de Raum gestallt fir d'Immunité collective. Den Haut-Commissaire à la protection nationale huet schonn am November gesot, vun deenen Iwwer-12-Järege wäeren 82 % - d'Regierung huet net dementéiert, Madamm Minister - geimpft. Do sinn awer déi derbäi, déi eeben eng éischt Impfung gehat hätten. Also kënnen mer awer elo, iwwer e Mount méi spéit, dervun ausgoen, datt mer iwwert deenen 80 % si vun deenen Eligibelen, ...

#### (Interruptions)

... well dat ass vun dem Haut-Commissaire à la protection nationale an d'Regierung huet him dat net falschgemaach. Op jidde Fall si mer ongeféier do, wou d'Immunité collective vun der CSV selwer ugesat ginn ass.

#### (Brouhaha)

Da muss een och soen, et gëtt eigentlech keng nei Elementer. Mir hu keng nei Impfstoffer. Den Novavax, dee kënn eréischt. Mee och bei der Delta- a bei der Omikron-Variant, déi zwou, déi mer an deene leschten zwee Méint haaptsächlech diskutéiert hunn, hu mer eng Effikassitéit vun den Impfstoffer. Et ass nach de Moie gesot ginn, 70 % elo beim Omikron, no den aktuellen Erkenntnisser. Dat kann natierlech änneren. Mee u sech hu mer elo net eng Situatioun, wou mer elo keng Remèden hätten. Mir kréien och Medikamenter. Dat ass jo och ganz gutt. An d'Situatioun an de Spideeler, gottseidank, ass am Abléck eenegermoosse stabill. Fir eis ass also keng richtig Ratio do derhannert.

Ech wëll och soen, bei deene grénge Kolleegen hat d'Madamm Lorsché gesot, et sollten Impflücke gestoppt ginn an esou weider - et huet eis gewonnert -, an do sollt eng legal Basis gemaach ginn - mir schwätzen herno nach driwwer bei der Motioun 3 - fir eng Impfflicht. An an der Arméi gesi mer, datt déi schonn ageféiert gëtt. Do maache mer also schonn eng Obligation légale, ier iwwerhaupt e Gesetz besteet. Dat kann een och diskutéieren.

Fir eis als ADR ass d'Linn kloer: fräiwëlleg Impfun-gen.

An ech wëll och vläicht soen, och bei verschiddenen Avisen, déi mer an deene leschten Deeg gelies hunn, gëtt esou gemaach, als wäeren déi Begrëffer vun der Fräiheet a vun der Verantwortung Antagonismen, als géif dat net zesummegehéieren. Eist Versteesdemech vu Fräiheet ass, datt Fräiheet och ëmmer en Element vu Verantwortung a sech dréit, an net datt een, dee seet, en hätt gär seng Fräiheet, datt deen domadder seet: „Ech wëll keng Responsabilitéit.“

Also ech géif mengen, mir sollten déi Debatt ëmmer mat Serenitéit féieren, am Respekt vun deenen Einzelnen an am Respekt och vun de Prinzipien vun der Verhältnisméissegkeet a vun de Grondprinzipien an eiser Gesellschaft. An dozou gehéiert nun eemol och, datt een e Verfügungsrecht iwwer säin eegene Kierper muss hunn.

Aus all deene Grënn, och well ech gesot hunn, datt d'CSV hei awer kloer en Zickzackkurs fiert, wäerte mir dës Motioun net matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Kartheiser. Dann huet den Här Georges Engel d'Wuert gefrot.

■ **M. Georges Engel (LSAP)**.- Merci, Här President. Jo, an dëser Motioun gëtt jo da gefrot, eng direkt Impfflicht hei elo ze beschléissen. Et bleiwen awer nach sécherlech eng Rei vu Froen, déi een hei an dësem Parlament sollt debattéieren, notamment déi moralesch, déi eethesch, déi legal, déi penal Strofen an alles, wat hannendrun nach hänkt.

Duerfir bleiwen ech bei där Positioun, déi mir virdund och gesot hunn, dass et, esou wéi bei all Covidgesetz heibannen, sollt zu enger Diskussioun kommen. Déi Diskussioun, déi kann ee séier féieren, déi soll een, déi muss ee souguer séier féieren. Dat muss net de 17. Januar sinn, dat kéint och eventuell virdu sinn. Ech mengen, do muss d'Chamber kucken, fir dat esou séier wéi méiglech ze organiséieren - ech hu jo gutt schwätzen elo.

#### (Brouhaha et hilarité)

An dann, mengen ech, huet jiddwereen hei eng Positioun ze huelen.

Nach en Tired, dee mer och hei net kënnen akzeptéieren, dat ass „à commencer par une vaccination obligatoire des professionnels de santé“. Ech mengen, dass dat eng falsch Moosnam wier, fir déi u sech quasi ze stempelen: Elo mussen déi dann och virgezu ginn. Wann Impfflicht, da fir se alleguerten a fir alleguerte gläichzäiteg, dat ass meng perséinlech Meenung. Mee ech mengen, den Debat heibannen, dee soll dat da kloerstellen. Duerfir wäerte mir déi Motioun hei ofleenen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Engel. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

■ **M. Sven Clement (Piraten)**.- Merci, Här President. Ech mengen, datt den Debat iwwer eng Motioun net engem groussen Debat, deen dat heiten awer engendréiert, gerecht ka ginn, einfach vun der Form hier. Dat ass, mengen ech, deen éischte Constat, dee mer musse maachen. Dat heiten ass awer eppes, wat immens vill rechtlech Froen opwerft, immens vill eethesch Froen opwerft: Ass et eethesch ze verrieden, datt mir 100 % vun der Populatioun wëlle quasi obligatoresch geimpft hunn, éier an anere Länner iwwerhaupt emol 40 % erreecht sinn? Dat ass een Aspekt.

Dann ass et dee rechtlechen Aspekt. Mir hunn haut eng ganz Rëtsch oppe Froen. An ech mengen, datt mer dofir déi néideg Zäit brauchen, fir och déi Argumenter ze developpéieren, auszetauschen an e wierklechen Debat doriwwer ze hunn.

Ech fannen et an deene leschten Deeg erschreckend, wéi salopp u sech dat awer immens wichtegt Thema deelweis behandelt gëtt. Woubäi ech och verstinn, datt e Collège médical quasi en Hëllefeschrei formuléiert a seet: „Mee maacht et endlech!“ Op där anerer Säit, an dat huet de Collège médical awer och drageschriwwen, ganz kloer, a säin Avis: „Mee wann Der et maacht, da fir jiddwereen“, an net, eebe grad net mat de Professionnels de santé ufänken, well déi hu genuch erdroen iwwert déi lescht Wochen a Méint an déi géifen dann erëm ofgestempelt ginn als wäeren dat déi, fir déi mer onbedéngt eng Impfflicht brauche fir weiderzekommen.

Ech mengen, datt bei deene meeschte Professionnels de santé d'Impfquot haut besser ass wéi an der genereller Populatioun. An da misste mer u sech bei anere Gruppen ufänke wéi bei hinnen. An dat weist déi ganz Komplexitéit. Mir kënnen dat doten u sech net einfach à la va-vite haut beschléissen.

Dofir wäerte mir Piraten och ganz kloer géint dës Motioun stëmmen, dovunner ofgesinn, datt sech mer hei vill ze vill Froe stellen, déi ech haut sécher net beäntwert kréien.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. An da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)**.- Merci, Här President. Merci och fir dës Propositionen vun der CSV. Mir sinn awer ganz kloer net op deem dote Wee ënnerwee. Mir mengen, éier een iwwer eng Impfflicht schwätzt, wäeren nach aner Optionnen am Raum, déi mer net ausgeschöpft hunn, déi manner déif agräifend sinn.

Mir mengen och a mir wëssen alleguer, dass eventuell en neie Vaccin kënn, op deen eng Rei Leit vläicht waarden, wou eng Rei Leit wëllen op de Wee goen, dee Vaccin unzehuelen. Ech mengen, déi Hoffnung besteet. An op déi musse mer och setzen.

Da weess ech och net: Wat bréngt eng Impfflicht? Well ech si wierklech der Meenung, dass dat, wat mer elo hunn, eng indirekt Impfflicht ass. An ech weess net, wat eng wierklech Impfflicht da méi bréngt. Gëtt et iergendwellech Studien doriwwer, déi weisen, wat fir ee Pourcentage vu méi Leit susceptibel wier, sech impfen ze loosse, wann een eng direkt Impfflicht hätt? Wat seet et doriwwer aus? Ech weess dat net.

Also fir eis sti ganz vill Froen am Raum, wéi de Sven Clement et och grad gesot huet. Dofir kann ech den Ament elo net op deen dote Wee goen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Oberweis. Wa keng weider Wuertmeldung méi do ass, kënnen mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 2 kommen.

■ **M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État***.- Här President!

■ **Plusieurs voix**.- Här President!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Den Här Premierminister wëllt nach fir d'éischt schwätzen.

■ **M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État***.- Just, well hei eng Fro gestallt ginn ass. Ech wollt just soen, den Novavax - well deen elo e puermol genannt ginn ass -, dee gëtt elo den éischte Quartal 2022 geliwwert. Den éischte Quartal sinn déi éischt dräi Méint. Ech ginn lech elo keng Garantie, ob et Januar oder Mäerz ass.

Mee fir mech wier et just net onwichtig, awer elo ze wëssen - well ech hu jo d'Fro gestallt -, wéi der CSV hir Positioun elo ass. Well ech wëll just soen, si hunn hei eng Motioun deposéiert, déi näischt mam Text ze dinn huet. Näischt! Näischt mam Text ze dinn huet! A si hunn awer gesot, si géifen den Text stëmmen, wann dës Motioun géif gestëmmt ginn. Dofir wier et fir mech awer just wichtig, dass ee virum Vott iwwert dësen Text weess - well d'Positiounen, déi si jo geholl ginn -, ob awer d'CSV nach ëmmer dat dote mécht oder ob een awer kann op d'CSV ziele fir deen Debat, fir déi konstruktiv Kriticken, déi och vu lénks a riets komm sinn, fir dat doten ze maachen. Et wär awer net onwichtig, éier deen dote Vott kënn.

Si kéinte souguer se zrëckzéien an déi aner matstëmmen. Mee ech wollt just - et ass net u mir, de Vott hei ze influencéieren -, ech wëll just soen, dass de Vott iwwer eng Motioun iwwer eng Impfflicht näischt ze dinn huet mat der Situation sanitaire, déi mer elo hunn a wou mer zesumme mussen agéiere ...

#### (Brouhaha et interruption par M. Michel Wolter)

... fir ze evitéieren, dass mer an deenen nächste Wochen nach eng Kéier e Lockdown sollte kréien.

■ **M. Michel Wolter (CSV)**.- Dir waart net heibannen! Dir waart net heibannen, wéi d'Madamm Lorsché geschwat huet.

■ **Une voix**.- Dach ...

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Här Premierminister. An ech ginn d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Claude Wiseler.

#### (Interruption par M. Michel Wolter)

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Also datt d'Aféierung vun enger Impfflicht näischt mat der Situation sanitaire an Zukunft soll ze dinn hunn, datt ass awer eng Ausso, déi ech méi wéi gewot fannen!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Ech hunn d'Explikatioun ginn, wat eis Positioun ass. Mir sinn der Meenung, datt eng Politik muss eppes sinn, wou haut eng Decisioun geholl gëtt a wou s de Visioun fir d'Zukunft méchs an de Wee opweis, deen s de wëlls an Zukunft goen.

Wann - fir eis - d'Regierung bereet ass, mat op esou e Wee ze goen, wéi en an eiser Motioun beschriwwen ass, a mir kënnen déi Diskussioun, déi mer haut féieren, an d'Gesetz, wat mer haut ofstëmmen, als een Deel vun deem Wee consideréieren, da kënnen mer mat deene Propositionen d'accord sinn. Wann dat net de Fall ass, wann et hei just Decisiounen sinn, déi op de Punkt haut geholl ginn, déi einfach och net Perspektiven an d'Zukunft weisen, da wäerte mer dësen Text net matstëmmen. Dat ass dat, wat ech gesot hunn, an dat ass dat, wou mer eis drun halen.

Wann ech déi Motioun kucken, déi hei elo d'Majoritéit erabruucht huet - well dat ass jo eng parallell Motioun zu eiser, dofir erlaben ech mer, direkt dorobber anzegoen -, da muss ech soen, datt déi Motioun, esou wéi ech se elo liesen, awer genau sou ass wéi d'Politik vun der Regierung. Dat ass awer zimmlech vill Wischiwaschi ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Très bien!

#### (Brouhaha)

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- ... an onprezis doranner. Mir beobachten emol attentif d'Ausland. Mir froen d'Regierung, datt se emol soll en Débat de consultation maachen, a le cas échéant kucke mer emol, esou schnell wéi méiglech ze handelen. Dat ass an eisen Aen d'Saachen no hanne geschoben, dat ass Zäit verluer. Mir wëssen net, wéini dat kënn. Dat ass op Mokuchsdag iergendwou agencéiert. Et sti keng Delaien hei dran.

Mir brauchen elo e Konzept! Mir hätte gär, datt d'Regierung soll e Konzept elaboréieren, iwwert dat mer kënnen diskutéieren an dat dann och ge-





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

#### Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Saisie de texte :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

#### Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

#### Concept et coordination générale :

brain&more, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries :

Mediahuis Luxembourg SA  
60, rue des Bruyères  
L-1274 Howald

Editpress SA

Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll  
L-4361 Esch-sur-Alzette

Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth (par Mme Martine Hansen), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusty Graas (par M. Claude Lamberty), Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Max Hahn), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

### Motion 3

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Jo. Merci, Här President. Also dat dote gesäit fir mech wéi e Stunt aus, e pure Publicistunt, fir datt d'Majoritéit ka soen: „Mir hunn eppes gemaach.“ D'CSV huet eppes deposéiert: „Mir maachen elo eng Motioun!“

### (Protestations et brouhaha général)

Nee, also pardon! Dir sidd ...

### (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Op där doter Säit (veuillez lire: op der Majoritéitsäit) vun der Chamber sëtzen, mengen ech, e puer Honnert Joer Chamberserfarung. An da komme se a se deposéieren eng Motioun, wou se d'Regierung eppes invitéieren ze maachen, wat d'Chamber quasi d'hämmlecht selwer kéint maachen. Firwat keen Débat d'orientation ufroen? Déi fënnef Ënnerschrëften hätt Der jo sécher gehat. Wann net, firwat net d'Oppositioun mat an d'Boot huelen an zesummen, als Chamber, gestärkt een Débat d'orientation froen?

Dir frot en Débat de consultation. Ech fannen et e bësse komesch, datt d'Chamber d'Regierung soll froen, fir datt mer en Debat maachen. Ma mir sinn d'Chamber! Da solle mer en Debat maachen! Da solle mer et selwer an d'Hand huelen a mir soen: „Mir maachen en Debat.“

### (Interruptions et brouhaha général)

An dat wär éierlech! Anstatt datt mer hei eng Motioun stëmmen, wou mer soen: „Léif Regierung, ...

### (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

... kommt wannechgelift mat eis diskutéieren.“

■ **Une voix**.- Falsch verstanen!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Also pardon!

■ **Une autre voix**.- Mir kënnen mat lech alles diskutéieren.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Mir sollten eis seriö huelen! Nee, dat heiten ass eng Motioun. Wa mer wierklech wëllen als Chamber d'Initiativ huelen, maache mer keng Motioun, da maache mer eng Demande a mir soen: „Den Debat fënnert statt.“ An d'Regierung kënn dann, wann d'Chamber se freet. A mir maachen net: „Léif Regierung, wannechgelift, frot en Débat de consultation un!“ Dat ass lächerlech. Mir stëmmen dat do net mat!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. Den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Dir musst awer eng kéier Positioun huelen!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Majo, wann d'Chamber et freet!

### (Exclamations et brouhaha général)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Clement, Dir hutt net méi d'Wuert!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Den Här Engel och net!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Elo gëtt e rosen. Elo muss e Positioun huelen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Och deen doten Toun, deen ass dëser Chamber net würdeg!

### (Interruption par M. Sven Clement)

Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ma da soen ech lech Merci, Här President. Brénge mer elo mol erëm d'Stëmm vun der Vernonft an der Rou, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Voilà! Voilà!

### (Brouhaha)

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Voilà. ... op déi Dir schonn all gewaart hutt.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Et ass näischt sécher an dëser Period, Här Kartheiser!

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ausser d'Rou an d'Vernonft bei der ADR!

### (Exclamations et hilarité générale)

Ech wollt, Här President, ...

### (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

... awer op déi Motioun hei agoen. An ech muss soen, datt ech se och an engem bestëmmte Sënn awer fir keng gutt Motioun halen. Nämlech si huet e bëssen awer scho bal eng karikatural Approche zur Demokratie. An ech wëll lech soen, firwat.

U sech hunn ech mech gefreet, zesumme mat menge Kolleegen, wéi Der am Ufank gesot hutt: „Mir wëllen eng Debatt féieren, en Débat de consultation fir ze kucken, ob mer eng Impfflicht gär hätten.“ Mee e bëssen, och no deem, wat den Här Premierminister eis erkläert huet, hu mer dat Gefill, datt d'Konklusiounen eigentlech scho gezu sinn.

An ech soen lech, och hei an där Motioun ass et jo e bëssen esou. Mir sollen dann deen Debat hei féieren, an da steet am leschten Tiret: « afin de pouvoir lancer, le cas échéant et le plus vite possible, une procédure législative destinée à créer une base légale pour l'introduction de l'obligation vaccinale. »

Dat ass, mengen ech, schonn e bëssen der Saach virgegraff. Wa mer hei eng oppen Debatt féieren, ob Jo oder Nee eng Impfflicht, da si mir déi Éischt, déi soen: „Domadder si mer gär d'accord.“ An ech géif lech dofir proposéieren, ech weess elo net, wien op Ärer Säit elo fiederféierend ass fir den Depot, mee ech géif awer dem Auteur oder den Auteurs proposéieren, fir datt mer hei och de Leit dobaussen net schonn d'Gefill ginn, datt d'Decisioun scho geholl ass, mee datt wierklech hei am Parlament kann eng oppen Diskussioun gefouert ginn, ier esou eng Konklusioun géif gezu ginn, datt mer einfach deen drëtten Tiret ewechloossen.

Ech mengen, et ass jo och kloer, wa mer eng Debatt féieren, datt mer da Konklusiounen doraus zéien an datt mer dann eng oppen an „ergebnisoffen“, wéi déi Däitsch soen, Debatt hei féieren iwwer eng méiglech Impfflicht. Ech kann lech direkt soen: D'ADR geet net op dee Wee. Awer loosst eis dach weinstens eng Diskussioun féieren, wou d'Konklusiounen net scho vu virera feststinn!

Ech soen lech Merci.

### (Interruptions diverses)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. Dann huet den Här Gilles Baum d'Wuert gefrot. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- Merci, Här President. Och, wéi Der et vu mir gewinnt sidd, mat der néideger Serenitéit an der néideger Rou. Et sinn eng Rei Argumenter ausgetosch ginn, och wat déi Motioun virdrun ugeet. An ech mengen, deen Debat hei - et ass mer wichteg, dat ze soen -, dee soll geschwë stattfannen. Den Här Clement seet heiansdo „aux calendes grecques“, en aneren huet gesot „Mokuchsdag“ oder „Sankt-Nimmerleins-Tag“, mee mir sollten dat doten elo wierklech séier ugoen.

An ech mengen, et ass wichteg, dass net nëmmen all Partei a Sensibilité politique, déi hei sëtzt, sech dozou kann ausdrécken, mee doriwwer eraus vläicht all eenzelnen Deputéierten, dee mengt, e sollt eppes dozou soen. Den Debat iwwert d'Aféierung vun enger Impfflicht, mengen ech, wäert ee vun deene wichtigsten Debate vun dëser ganzer Legislaturperiod ginn. Mir hunn, ech mengen, enorm vill Punkten ze klären.

Den Eethikrot, d'Positioun vum Eethikrot ass berechtigterweis vum Här Wiseler de Moien zitéiert ginn. An do sinn och a mengen Ae ganz, ganz vill richtig Aspekten dran. Mee ech mengen, wa mer eng Impfflicht aféiere fir d'Leit alleguer, da stelle sech eng Rei rechtlech, juristesche Froen, déi mer heibanne sollten debattéieren, eng Rei eethesch Froen, déi mer sollen debattéieren. Et geet ëm d'Fräiheet vum Eenzelnen, fir iwwer säi Kierper ze verfügen. Doriwwer solle mer och debattéieren. An et geet och - deemno wéi - ëm Sanktiounen, iwwert déi mer musse schwätzen.

A mir sollen dat maache mat der néideger Rou. Mir sollen eis och déi Riedezäit huelen, déi mer brauchen. Do rennt Der bei mir, an ech mengen, bei de Kolleegen, oppen Dieren an, wann Der sot: „Ma zéng Minutte gi mer wierklech net duer bei esou engem Theema.“ Ech mengen, mir wären elo gäre bereet, fir op e Wee ze goen, fir wierklech den Debat grouss ze maachen: net nëmmen ee Spriecher, mee wann d'CSV gären dräi Leit hätt, déi solle schwätzen, oder d'LSAP der vläicht véier ... Ech widderhuele mech: Dat hei riskéiert, dee wichtigsten Debat ze ginn an dëser Legislaturperiod an dat solle mer gutt preparéieren. Jiddweree soll zu Wuert kommen a mir sollen dat am Januar sou séier wéi et geet op den Ordre du jour setzen.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum.

Da kënnen mer elo zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 3 kommen.

### Vote sur la motion 3

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 31 Jo-Stëmme géint 29 Nee-Stëmmen ugeho.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gilles Baum), Fernand Etgen, Gusty Graas (par M. Claude Lamberty), Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Max Hahn), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Octavie Modert), MM. Gilles Roth (par M. Paul Galles), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

### Motion 4

Da kéime mer zur Motioun Nummer 4, déi vun der Sensibilitéit déi Lénk deposéiert ginn ass, wou et ëm d'Proposition de dérogation geet, déi vun Indien a Südafrika un d'Organisation mondiale du commerce gaangen ass. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Yves Cruchten.

■ **M. Yves Cruchten** (*LSAP*).- Merci, Här President. D'Madam Oberweis hat et och beim Depot selwer gesot, et ass eigentlech eng Widerhuelung vun där Fuerderung, déi se scho gestallt haten an der Debatt, déi mer am Fréijoer haten zu deem heiten Theema, wou mer eigentlech alleguerten och driwwer geschwat hunn a gesot hunn, dass déi Fro eigentlech berechtegt ass, mee awer méi komplex ass, wéi aleng d'Breveten.

Ech hunn awer elo mol nach eng kéier séier nogekuckt, wat mir als Chamber herno am Endeffekt festgehalen haten, an ech liesen de Saz nach eng kéier vir an där Motioun, déi ugeho gouf deen Dag, do steet dran: « La Chambre des Députés invite le Gouvernement à s'engager au niveau européen et international en faveur d'une amélioration du système international des brevets, garantissant ainsi un accès universel et équitable aux vaccins, médicaments et produits pharmaceutiques en général. »

Ech mengen, dobäi sollte mer bleiwen an dofir géif ech menge Kollegee proposéieren, déi Motioun vun deene Lénken haut net matzedroen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Cruchten. Da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Mir hunn déi Motioun deemools matgestëmmt, déi Konsens-Motioun. An ech stinn och nach ëmmer hannert deem, wat mer deemools gestëmmt hunn. An dat war sécherlech zu deem Zäitpunkt dee richtige Wee, fir de Kompromëss ze stëmmen. Ech muss awer feststellen, datt zënterhier d'Pandemie weidergaangen ass, datt och aner Länner sech nei positionéiert hunn a virun allem, datt mer et fäerdegbruecht hunn, datt zu Lëtzebuerg Vaccin ofleeft, deen hätt kënnen enzwousch anescht benotzt ginn. An och dat fannen ech dramatesch. A genau an deem Sënn, ...

■ **M. Yves Cruchten** (*LSAP*).- ... a Südafrika ass de Vaccin ofgelaf an huet missen ewechgeheit ginn.

■ **Une voix**.- Do hu mir jo näischt domat ze dinn.

### (Interruption)

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Nee, also Dir wësst awer, pardon ... Ech fannen dat dramatesch. An ech sinn der Meenung, datt mer u sech misste bei där heiter Motioun elo weisen, datt mer änlech couragéis kënnen si wéi e grousst Land, wat eng Pharmaindustrie huet. An et war d'Argument och d'lescht kéier: „Mir kënnen dat hei net maachen, well mir mussen eis Pharmaindustrie protegéieren an dofir muss een dat och méi nuancéiert gesinn an ...“.

Nach eng kéier: Mir stinn hannert deem Konsens, dee mer deemools fonnt hunn. Mee ech mengen, d'Pandemie huet sech entwéckelt, ass weider-

geebenefalls duerno kann ëmgesat ginn. An dofir hale mer déi Positioun bäi, déi mer virdrun haten.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech ginn d'Wuert nach eng kéier zrëck un de Premierminister.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, ech wëll just soen, hei gëtt jo gemaach, wéi wann ech elo gesot hätt, dass eng Impfflicht elo mat der Omikron-Variant ..., de Lien gëtt hei probéiert etabléiert ze ginn, deen net do ass! Ech soe just, dass mer eng Äntwert „elo“ brauchen op dat, wat muer geschitt. Den Här Wiseler schwätzt vu Visiounen. Ech hunn d'Gefill, d'CSV wiere Visionären, well et sinn déi Eenzeg, déi säit zwee Joer wëssen, wat ëmmer a sechs Méint geschitt an dëser ganzer Kris!

■ **Une voix**.- Oo!

### (Interruptions diverses)

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ech muss lech soen, Här President, hei, e Vott op eng Äntwert ...

### (Interruption par M. Michel Wolter)

Emol eng kéier, wou den Här Wolter hei ass - et ass jo flott!

### (Interruptions)

Här President, de Fait ass just: Mir hunn hei eng Kris, wou mer riskéieren, an deenen nächsten Deeg en Tsunami vu Fäll ze hunn. Dat tributär ze maache vun enger Positioun, wou d'Regierung sech engagéiert huet, am Januar heihinnerzekommen, wou d'Regierung sech engagéiert huet, déi juristesche Froe wëllen ze klären, Verfassungsfroe wëllen ze klären, schéngt hei net dat ze sinn, wat d'CSV wëll!

### (Brouhaha)

D'CSV wëllt, dass hei eppes gestëmmt gëtt, wou eng Kaz am Sak ass, wou een net weess, wat d'Aboutissante sinn, wou mer och nach Leit stigmatiséieren, wou selwer concernéiert Leit froen, fir dat net ze maachen. Ech huelen dat just als Constat.

Ech soen deenen Deputéierten, déi dat heiten haut stëmmen, Merci. An deenen, déi sech enthalten, eebe well se mat deem engen a mat deem anere Punkt net averstane sinn, soen ech och Merci. Mee fir hei ze soen, dass een dergéint stëmmt, well een eng Motioun net duerchkritt, ass e Chantage, deen an dëser Situatioun inakzeptabel ass!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Une voix**.- O!

### (Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci dem Här Premierminister.

Da kéime mer elo zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 2.

### Vote sur la motion 2

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 21 Jo-Stëmme géint 39 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Octavie Modert), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine





gaangen, ass méi schlëmm ginn. Mir schwätze vun Tsunami mëttlerweil erëm. An da muss een och couragéiert Entscheedungen huelen. Ech fannen, dat hei wier eng couragéiert Entscheedung an et ass eng Entscheedung, mat där mer net aleng géife stoen. A mir géife sécherlech op der richteger Säit vun der Geschicht stoen, wa mer dat heiten haut stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. Da ginn ech d'Wuert un den Här Claude Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Merci, Här President. Mir stinn nach ëmmer hannert deem, wat mer an där Konsens-Motioun vum Här Cruchten den 29. Abrëll 2021 matofgestëmmt hunn. Mir fannen déi Motioun an déi Konkusiounen nach ëmmer richtig. Mir haten dofir bei där Motioun vum Här Wagner de 5. Mee mat Abstentioun gestëmmt a mir wäerten dat selwecht Stëmmverhalen haut hunn, wéi mer et virun e puer Méint haten. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Wiseler. Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Jo, Här President. Also ech mengen, mir wësse jo alleguer a mir deelen och dat Gefill, datt d'Madamm Oberweis domadder u sech en eist Gewëssen appelléiert. An ech mengen, dat ass ëmmer gutt, fir dat do an Erënerung ze ruffen: Wat kënne mer dann elo wirklech maachen, fir datt méi Leit den Accès zu Impfstoffer kréien? Deen Aspekt, dee si an hirer Motioun hei proposéiert huet, ass awer nëmmen en Deelaspekt. A loosst eis éierlech sinn: Lëtzebuerg kann do net vill maachen.

Mir kënnen awer vläicht op aner Manéieren hëllefen. Zum Beispill ass et jo e grouse Problem net nëmmen, d'Impfstoffer ze kréien, mee och, d'Impfstoffer dohin ze bréngen, wou se gebraucht ginn. Et ass e logisteschen Defi. An do kënne mer als Lëtzebuerg sécherlech vläicht méi hëllef mat deene Méiglechkeeten, déi mer hunn, wéi elo an international Patentrechtsdiskussiounen eranzegoen, wou eis Méiglechkeeten an eis Afloss modest sinn.

Ech géif dann éischer proposéieren an dem Här Cruchten oder aneren un d'Häerz leeën, déi an der Entwécklungshëllef ganz aktiv sinn hei, datt mer an där Kommissioun eng Kéier vläicht kucken, wat mer kënne maachen an deem Kader, fir den Acheminement vun Impfstoffer, Medikamenter a Regiounen ze favoriséieren, wou d'Leit eeben deen Accès méi schwéier hunn. An ech mengen, dann hätte mer eppes gemaach, wat mer vläicht kënne mat änneren, kënne mat verbesseren.

A fir de Rescht géif ech awer soen, datt déi Positioun, déi den Här Cruchten rappeléiert huet, eng realistesch Approche ass. Mir kënnen eis mat aneren zesumme fir verschidde Reformen asetzen, brauchen eis awer do net allze vill kuerzfristeg Hoffnungen ze maachen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser. Da ginn ech d'Wuert zréck un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Nathalie Oberweis.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)**.- Jo, merci, Här President. Also ech ka mech awer wirklech just wonneren iwwert déi Positiounen hei. Op där enger Säit ass ee fir eng Impfflicht, awer net dofir, dass weltwäit eng Populatioun ka méi en Accès kréien zu den Impfstoffer. Da gëtt gesot: „Mir stinn hannert deem Konsens vum Abrëll!“. Abrëll, dat sinn elo, ben, néng Méint hier. Entre-temps hu mer d'Gesetz wéi oft geännert. Entre-temps hu mer d'Mesur wéi oft geännert. Firwat ass et dann net méiglech, och hei eng Proposition, also eng Mesure ze änneren?

D'Pandemie huet evoluéiert, et sinn nei Erkenntnisser do, verschidde Länner hunn hir Positioun geännert. Mir wëssen, d'Variante sinn eng éiweg Insecuritéit, d'Madamm Gesondheetsministesch seet dat ëmmer erëm. Dat hei ass eng absolut legitim Forderung. Ech verstinn net, dass nach ëmmer hannert deem Konsens vum Abrëll gestane gëtt, wa mer en plus gesinn, dass dee Wee, dee Konsens net onbedéngt deen ass, deen eis weltwäit weiderbréngt. Mir brauche méi radikal Mesuren. Dat heiten ass eng Mesure, déi ass virgesi fir a Krisenzäiten. Si mer a Krisenzäiten oder net? Wéini ass dann eng Kris do, wann net haut?! Also ech kann dat wirklech net novollzéien.

Bon, Dir kennt eis Positioun. Merci deenen, déi et matdroen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Oberweis. An da kritt den honorabelen Här Yves Cruchten d'Wuert.

■ **M. Yves Cruchten (LSAP)**.- Merci, Här President. Ech gräfen dat op, wat den Här Kartheiser gesot huet. Ech mengen effektiv, dass et derwäert wär, dass mer eis eng Kéier an der Kommissioun géifen Zäit huelen, fir iwwer alleguerten déi Aspekter do ze schwätzen, déi, déi den Här Kartheiser elo genannt huet, mee och d'Madamm Empain war virdru bei mer an huet mat mer driwwer geschwat.

Mir sinn eis eigentlech eens, dass mer déi Fro nach eng Kéier sollte mat dem Här Minister Fayot och diskutéieren. Well eng Saach wëll ech awer ënnersträichen, wou Der ganz Recht hutt an Ärer Motioun, Madamm Oberweis, an dat deelen ech: nämlech déi Enttäuschung iwwert de COVAX-Programm, dass de COVAX-Programm net déi Ziler erreecht huet, déi e sech eigentlech gesat huet. A vläicht kënne mer eis do och nach als Lëtzeburger, déi mer eis doru bedeelegen, un deem Programm, d'Fro stellen: Wat kënne mer dann an Zukunft maachen, fir dass de COVAX-Programm, op dee mer jo alleguerten och setzen, an Zukunft seng Ziler besser a méi séier kann erreechen?

Dofir géif ech proposéieren, dass mer eis eng Kéier Zäit huelen, fir a Rou doriwwer ze schwätzen an alleguerten déi aner Froen, déi ronderëm d'Breveten nach sinn, och nach ze diskutéieren. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Cruchten. Ass d'Chamber d'accord, datt mer dës Motioun ...?

■ **Une voix**.- Nee.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Nee, da komme mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 4.

#### Vote sur la motion 4

De Vott. De Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 4 ass bei 4 Jo-Stëmme géint 35 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusty Graas (par M. Claude Lamberty), Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Max Hahn), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Gilles Roth (par M. Paul Galles), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

#### Amendement 1

Ier mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7936 kommen, stëmme mer fir d'éischt iwwert den Amendement Nummer 1 vun der ADR of, deen als Objet huet, den Artikel 1 ze änneren.

#### Vote sur l'amendement 1

De Vott fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An den Amendement Nummer 1 ass bei 4 Jo-Stëmme géint 54 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth (par Mme Martine Hansen), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusty Graas (par M. Max Hahn), Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Claude Lamberty), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Den Artikel 1 vum Projet de loi bleift ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamten Text vum Projet de loi 7936.

Et hu sech e puer Erreurs matérielles an den Text vum Projet de loi ageschlach. Am Artikel 2 Punkt 3° b) ginn dräi Changementer gemaach:

Am Punkt i) gëtt « La première phrase est modifiée » duerch « La première et la deuxième phrases sont modifiées » ersat.

Am Punkt ii) gëtt « la deuxième phrase » duerch « la troisième phrase, devenue la deuxième phrase » ersat.

Am Punkt iii) gëtt « La troisième phrase » duerch « La quatrième phrase, devenue la troisième phrase » ersat.

De Staatsrot ass iwwer dës Ännerungen a Kenntnis gesat ginn an huet do och näischt auszesetzen.

Mir stëmmen elo iwwert den ofgeännerten Text of.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7936 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un.

De Projet de loi ass mat 31 Jo-Stëmme géint 27 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusty Graas (par M. Max Hahn), Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Claude Lamberty), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth (par Mme Martine Hansen), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Den Här Premierminister freet d'Wuert.

■ **Une voix**.- Très bien!

### 5. Discours de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État**.- Här President, ech wollt just ganz kuerz, well et déi lescht Sitzung ass fir dëst Joer, och dem Rapporteur perpétuel Mars Di Bartolomeo Merci soen, well et ass déi 25. Kéier, wou heizou e Gesetz gemaach ginn ass.

Ech wollt lech just am Numm vun der Regierung all Guddes wënschen, eng gutt Gesondheet, lech, Här President, och dem ganze Greffe, der Verwaltung aus dem Haus, den Deputéierten an Äre Familljen. Passt op lech op, an ech hoffen, lech alleguerten a Form nees d'nächst Joer erëmzegesinn!

■ **Plusieurs voix**.- Merci gläichfalls!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools.

Ech wëll och vu mir aus jidderengem schéi Chrëschtdeeg wënschen, a viller Rou a mat viller Freed. An ee gudde Rutsch an dat neit Joer!

■ **Une voix**.- Merci gläichfalls!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 18., 19. an 20. Januar virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 12.53 heures.)

## Sommaire des séances publiques nos 24, 25 et 26

### 24<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique..... p. 328

7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 et modifiant :

1° le Code de la sécurité sociale ;

2° la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs (« Bewertungsgesetz ») ;

3° la loi modifiée du 1<sup>er</sup> décembre 1936 concernant l'impôt commercial (« Gewerbesteuergesetz ») ;

4° la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes ;

5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;

7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant

a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;

b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;

c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;

8° la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999 ;

9° la loi du 7 décembre 2007 autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain ;

10° la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse ;

11° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;

12° la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant modification 1. du Code de la sécurité sociale ; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant ;

13° la loi du 1<sup>er</sup> août 2019 concernant les mutuelles

7879 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle

pour la période 2021-2025 (suite) ..... p. 328-330

7848 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2020 ..... p. 330-331

7878 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 [...]

7879 - Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour

la période 2021-2025 (suite) ..... p. 331-335

Ordre du jour ..... p. 335



|                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                               |            |
|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| 7888 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée aux fins de transposer la directive (UE) 2021/1159 du Conseil du 13 juillet 2021 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne les exonérations temporaires relatives aux importations et à certaines livraisons ou prestations, en réaction à la pandémie de Covid-19 ..... | p. 335-336 |
| Résolution relative aux comptes de l'exercice 2020 de la Cour des comptes.....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                | p. 336     |
| Résolution relative aux comptes de l'exercice 2020 du Médiateur .....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                         | p. 336     |
| Résolution concernant les comptes de l'exercice 2020 du Centre pour l'égalité de traitement.....                                                                                                                                                                                                                                                                                                              | p. 336     |
| Résolution relative aux comptes de l'exercice 2020 de l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher.....                                                                                                                                                                                                                                                                                                              | p. 336     |
| 7851 - Projet de loi relative au financement de l'exploitation des services publics d'autobus .....                                                                                                                                                                                                                                                                                                           | p. 336-339 |
| Ordre du jour (suite).....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                    | p. 339     |
| 7928 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 juin 2020 portant introduction de certaines mesures temporaires relatives à l'application de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration.....                                                                                                                                                                | p. 339     |
| 7819 - Projet de loi portant :                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                |            |
| 1° approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas en matière de coopération policière, signé à Bruxelles, le 23 juillet 2018 ;                                                                                                                                                                                                                   |            |
| 2° modification de la loi modifiée du 21 décembre 2004 portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004.....                                                                                                                                      | p. 339-341 |
| 7793 - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise .....                                                                                                                                                                                                                                                                                                   | p. 341-343 |
| 7916 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 septembre 2020 portant des mesures concernant la tenue de réunions dans les sociétés et dans les autres personnes morales.....                                                                                                                                                                                                             | p. 343     |
| 7917 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière pénale.....                                                                                                                                                                                                                                         | p. 343     |
| Respect d'une minute de silence .....                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                         | p. 343     |
| 7917 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière pénale (suite).....                                                                                                                                                                                                                                 | p. 343-344 |
| 7918 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 décembre 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière civile et commerciale.....                                                                                                                                                                                                                      | p. 344     |
| 7908 - Projet de loi portant modification de l'article 55 du Code civil en vue de la prolongation du délai des déclarations de naissance.....                                                                                                                                                                                                                                                                 | p. 344     |
| 7533A - Projet de loi portant modification :                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                  |            |
| 1° du Code pénal ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                            |            |
| 2° du Code de procédure pénale ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |            |
| 3° de la loi modifiée du 17 mars 1992 portant                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |            |
| 1. approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988 ;                                                                                                                                                                                                                                               |            |
| 2. modifiant et complétant la loi du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie ;                                                                                                                                                                                                                                                                    |            |
| 3. modifiant et complétant certaines dispositions du Code d'instruction criminelle ;                                                                                                                                                                                                                                                                                                                          |            |
| aux fins de transposition de la directive (UE) 2018/1673 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2018 visant à lutter contre le blanchiment de capitaux au moyen du droit pénal .....                                                                                                                                                                                                               | p. 344-346 |

|                                                                                                                                                                                                                                                                               |            |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------|
| 25° séance                                                                                                                                                                                                                                                                    |            |
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                                                                          | p. 346     |
| 7924 - Projet de loi portant modification :                                                                                                                                                                                                                                   |            |
| 1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;                                                                                                                                                                               |            |
| 2° de la loi modifiée du 6 janvier 1995 relative à la distribution en gros des médicaments ;                                                                                                                                                                                  |            |
| 3° de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant 1° dérogation temporaire à certaines dispositions en matière de droit du travail en relation avec l'état de crise lié au Covid-19 ; 2° modification du Code du travail ;                                                        |            |
| 4° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ;    |            |
| 5° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction d'une mesure temporaire relative à l'application de l'article 12 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ; |            |
| 6° de la loi modifiée du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19 ;                                                                                     |            |
| 7° de la loi du 24 juillet 2020 portant dérogation temporaire aux articles L. 524-1, L. 524-2, L. 524-5, L. 541-1 et L. 541-2 du Code du travail ;                                                                                                                            |            |
| 8° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 portant dérogation temporaire à l'article L. 121-6 du Code du travail ;                                                                                                                                                             |            |
| 9° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;                                                                                                         |            |
| 10° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance ;                                                                                                                                                                 |            |
| 11° de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail.....                      | p. 346-359 |
| Motion de Mme Martine Hansen relative aux mesures prises au sein des hôpitaux dans le cadre de la pandémie de la Covid-19 .....                                                                                                                                               | p. 359-360 |
| Hommage à Mme Françoise Hetto-Gaasch .....                                                                                                                                                                                                                                    | p. 360     |
| Hommage à M. Claude Haagen .....                                                                                                                                                                                                                                              | p. 360     |
| Hommage à M. Georges Engel .....                                                                                                                                                                                                                                              | p. 360-361 |
| Discours de M. le Président .....                                                                                                                                                                                                                                             | p. 361     |
| Discours de fin d'année de M. le Président.....                                                                                                                                                                                                                               | p. 361     |
| 26° séance                                                                                                                                                                                                                                                                    |            |
| Ouverture de la séance publique.....                                                                                                                                                                                                                                          | p. 361     |
| Communications .....                                                                                                                                                                                                                                                          | p. 361-362 |
| Ordre du jour .....                                                                                                                                                                                                                                                           | p. 362     |
| 7936 - Projet de loi portant modification :                                                                                                                                                                                                                                   |            |
| 1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;                                                                                                                                                                               |            |
| 2° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;                                                                                                         |            |
| 3° de la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance.....                                                                                                                                                               | p. 362-372 |
| Discours de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.....                                                                                                                                                                                                          | p. 372     |

# De Petitiounssite vun der Chamber

Start Är eege Petitioun  
oder ënnerstëtzt aner Petitiounen  
mat Ärer Ënnerschrëft op  
[www.petitions.lu](http://www.petitions.lu).

Et ginn zwou Zorte  
vu Petitiounen:  
d'**Pétitions publiques** an  
d'**Pétitions ordinaires**.





Sommaire

| Question n°      | Auteur                                           | Objet                                                                                                                                      |
|------------------|--------------------------------------------------|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| 5873             | Marc Goergen                                     | Institut national de formation des secours                                                                                                 |
| 5894             | Marc Goergen                                     | Abattage d’arbres à Diekirch                                                                                                               |
| 5916             | Myriam Cecchetti                                 | Incendie dans une zone industrielle à Mertzig                                                                                              |
| 5921             | Marc Goergen                                     | Accidents de la route avec gibier                                                                                                          |
| 5929             | Marc Goergen                                     | Impact de l’augmentation du prix des carburants sur le transport public                                                                    |
| 5950             | Mars Di Bartolomeo                               | Offres d’emploi dans le domaine du travail social                                                                                          |
| 5986             | Léon Gloden                                      | Comportements agressifs relevés dans les écoles fondamentales                                                                              |
| 5987             | Gilles Roth                                      | Destruction d’un biotope                                                                                                                   |
| 5988             | Carole Hartmann, Gilles Baum                     | Absence de tarifs pour la radiologie extrahospitalière dans la nomenclature                                                                |
| 5991             | Marc Goergen                                     | Piège à tortue                                                                                                                             |
| 5992             | Jeff Engelen                                     | Chantier sur le viaduc de la Sûre                                                                                                          |
| 5994             | André Bauler, Gilles Baum                        | Pénurie de médecins pédiatres                                                                                                              |
| 5997             | Martine Hansen, Jean-Paul Schaaf                 | Démolition de la gare d’Ettelbruck                                                                                                         |
| 5999             | Marc Goergen                                     | Flotte automobile de la police                                                                                                             |
| 6003             | André Bauler                                     | Démolition de la gare d’Ettelbruck                                                                                                         |
| 6004             | Carole Hartmann, Max Hahn                        | Park & Ride à Wasserbillig                                                                                                                 |
| 6005             | André Bauler, Max Hahn                           | Abandon des déchets sauvages dans la nature                                                                                                |
| 6006             | Max Hahn                                         | Couloirs bus bidirectionnels                                                                                                               |
| 6013             | André Bauler, Gilles Baum                        | Maternité au Centre Hospitalier du Nord                                                                                                    |
| 6014             | Marc Goergen                                     | Chemins forestiers                                                                                                                         |
| 6015             | Marc Goergen                                     | Vêtements éco-responsables                                                                                                                 |
| 6016             | Dan Biancalana, Mars Di Bartolomeo               | Station-service à Dudelange                                                                                                                |
| 6017             | Tess Burton                                      | Poubelles de tri séparatif                                                                                                                 |
| 6018             | André Bauler                                     | Logements de service à Colmar-Berg                                                                                                         |
| 6020             | Jean-Paul Schaaf, Martine Hansen, Claude Wiseler | Fermeture temporaire de la maternité du Centre Hospitalier du Nord                                                                         |
| 6022             | Max Hahn, Gusty Graas                            | Refus de la prise en charge des patients en urgence                                                                                        |
| 6023             | Jean-Paul Schaaf                                 | Réserves de gaz                                                                                                                            |
| 6024             | André Bauler                                     | Allées d’arbres                                                                                                                            |
| 6025             | André Bauler                                     | Production de champignons                                                                                                                  |
| 6026             | Sven Clement                                     | Logements de service                                                                                                                       |
| 6029             | Martine Hansen                                   | Durée de l’enseignement secondaire                                                                                                         |
| 6030             | Sven Clement                                     | Rendez-vous pour un IRM                                                                                                                    |
| 6031<br>cf. 6047 | Josée Lorsché, Stéphanie Empain, Marc Hansen     | Fermeture provisoire de la maternité du Centre Hospitalier du Nord                                                                         |
| 6032             | Sven Clement                                     | Personnel de l’éducation                                                                                                                   |
| 6033             | François Benoy                                   | Assouplissement des règles sur les jachères                                                                                                |
| 6034             | Guy Arendt                                       | Reconnaissance de l’examen de chasse français                                                                                              |
| 6035             | Sven Clement                                     | Vaccins périmés                                                                                                                            |
| 6036             | Fernand Kartheiser                               | Responsabilité civile de la Commission européenne en cas de fermeture du site de production du groupe industriel Liberty Steel à Dudelange |
| 6037             | Sven Clement                                     | Maladies liées au travail de bureau                                                                                                        |
| 6039             | Fernand Kartheiser                               | Soutien de la Pologne dans le cadre de la guerre en Ukraine                                                                                |
| 6040             | Fernand Kartheiser                               | Sécurité des chauffeurs de bus                                                                                                             |
| 6041             | Marc Goergen                                     | Permis de chasse français                                                                                                                  |
| 6042             | Fred Keup                                        | Embargo sur l’énergie russe                                                                                                                |
| 6047<br>cf. 6031 | Jeff Engelen                                     | Maternité au Centre Hospitalier du Nord                                                                                                    |

**Question 5873** (04.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant l’**Institut national de formation des secours** :

An der parlamentarescher Fro N° 3666 vum leschte Joer gOUNg Rieds vun engem Trainingsdepot zu Waasserbëlleg, dee vum CGDIS benotzt gëtt, fir verschidde Coursë fir Pompjeeën ofzehalen. Dës Coursë goufe fréier vun der RAGTAL ASBL organiséiert an zënter der Reform vum Rettungswiesen am Joer 2018 huet de CGDIS d’Coursen iwwerholl an d’Formatioun dem Institut national de formation des secours (INFS) ënnergliddert.

De Standuert vum Trainingsdepot selwer befënnt sech an enger Natura-2000-Zon an ënnerläit deemno méi strengen Ëmweltoplagen, wat et méi schwéier mécht, fir de Site weider auszebauen an ze notzen. Wéi d’Inneministesch an hirer Äntwert geschrifwen huet, hat och d’EU-Kommissioun sech schonn age-schalt, fir eng weider Degradatioun vum Natura-2000-Habitat ze verhënneren. Deem zu Trotz hält de CGDIS weider drop fest, dass d’Übungsaktivitéite weider op dësem Site solle stattfannen an hofft, dass de Site an Zukunft eng Naturschutzautorisatioun erhält.

Et stellen sech verschidde Problemer um Site: esou feelt et zum Beispill un Duschen, wou d’Participanten an d’Instrukteren sech no de Brandübunge kënnen propper maachen. Et existéieren zwar Lava-boen um Site, mee dës bezéien d’Waasser aus engem Reewaassertank an engem Sammelbecken an d’Waasserqualitéit ass deemno bedenklech. Och d’Toilette funktionéieren am Wanter net, wann dobause Minustemperature sinn. Grad fir d’Instrukteren, déi d’Übungen e puermol d’Woch müssen organiséieren, ass dës Situatioun desagreabel an och gesondheetlech bedenklech, well si bei Realbrandcoursë permanent a Kontakt mat Brandruuss sinn, deen iwwert d’Haut kribserreegend ass. Fir dës Risiko ze minimiséieren, missten d’Leit sech dofir no de Coursë kënnen wäschen.

Et stellt een sech d’Fro, ob de CGDIS als Patron an der Pflicht steet, fir d’Hygiëneskonditiounen op deem Site ze verbessern.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Interieur a fir Ëmwelt, Klima an

nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Ee Joer ass zënter der leschter Äntwert vun der Ministesch vergaangen: Wéi ass de Stand vun dësem Dossier haut? Ass mat enger Naturschutzautorisatioun fir de Site ze Rechnen?

Wäert de Site ëmklasséiert ginn? Falls jo, wéini?

Hält de CGDIS weider dorunner fest, dass den Trainingsdepot um Natura-2000-Site bäibehale gëtt?

2. Huet de CGDIS ee Plang B, falls de Site zu Waasserbëlleg keng Geneemegung sollt kréien? Falls jo, wéi eng Sitte géife fir een Trainingsdepot a Fro kommen a wéi schnell kéinten dës prett gemaach ginn?

3. Firwat existéieren an engem Trainingsdepot, dee reegelméisseg genotzt gëtt, keng Dusche mat propperem Waasser fir d’Instrukteren an d’Participanten? Falls keng Waasserleitung op dësem Site ass: Firwat gëtt net einfach eng mobil Dusch mat engem Waassertank an engem Sammelbecken opgestallt?

4. Generell stellt sech d’Fro, ob den aktuelle Standuert mat sengen Infrastrukturen am Wanter fir Formatioune géeegent ass.

- Kann d’Ministesch bestätegen oder ausschléisen, dass d’Participant bei dëse Formatiounen sech am Wanter bei kalen Temperature bis op d’Ënnerwäsch ënnert engem Zelt müssen ausdoen, bevir se an d’Vestiairen era kënnen?

- Kann d’Ministesch bestätegen oder ausschléisen, dass am Wanter keng Méiglechkeet besteet, fir naass Aarbechtskleedung ze drechnen an deemno d’Participanten an hirer naasser Tenue musse weiderschaffen?

- Ass um Site waarmt Waasser, fir dass d’Participanten an d’Instrukteren sech kënnen wäschen?

5. Dat groussherzoglecht Reglement vum 3. November 1995 concernant les directives en matière de sécurité dans la fonction publique gesäit präzis Prozedure vir, fir d’Leit viru kribserreegende Stoffe ze schützen. Bei de Realbrandcoursen, zum Beispill, kommen d’Participanten iwwert d’Otemweeër an d’Haut mat esou kribserreegende Stoffe a Kontakt. D’Prozedur gesäit esou och vir, dass kontaminiert Kleeder a Materialien a speziell virgesinne Beräicher deposéiert musse ginn. Am CGDIS gëtt et dofir een Hygiëneskonzept mat gielen, rouden, bloen a wäissen Zonen.

- Gëtt dëst Hygiëneskonzept, wéi et am groussherzogleche Reglement festgehalen ass, um Site zu Waasserbëlleg zu 100 % ëmgesat?

6. Ugesiichts de verschiddene Mängel, déi um Site existéieren, wéi kann de CGDIS versécheren, dass d’Aarbecht vun den Instrukteren, déi reegelméisseg d’Übungen um Site musse leeden, gesondheetlech onbedenklech fir si ass?

7. Ass de Site, ugesiichts all sengen Nodeeler an dem Fakt, dass een sech an enger Gréngzon befënnt, der Ministesch no nach géeegent, fir permanent Realbrandausbildungen ze halen? Falls jo, wéi eng Grënn schwätze fir de Site?

8. Wéi eng Institutiounen an Organisatioune sinn zoustänneg, fir d’Aarbechts- an d’Hygiënesbedingungen um Site Waasserbëlleg ze kontrolléieren?

**Réponse commune** (03.05.2022) de **Mme Taina Bofferdin**, *Ministre de l’Intérieur*, et de **Mme Joëlle Welfring**, *Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable* :

Den Terrain, deen aktiv vum CGDIS genotzt gëtt, läit säit ëmmer, a bleift an Zukunft, an der Gréngzon. Vu dass hei de Liewensraum vu geschützten Aarten dokumentéiert ass, gouf dës Zon och als Natura-2000-Schutzgebitt klasséiert.

Dräi Véierel vun den zu Lëtzebuerg nogewisene Fledermausaarte kommen hei am Gebitt ronderëm den Dolomit-Stolle vir. Dat weist, wéi extreem villfältig a wichteg dës Site ass. Sollt den INFS eng Kéier op en anere Site plënnere, géif sech d’natierlecht Ëmfeld nees an den initialen Zoustand zrëckverwandelen.

De Fortbestand vun den Übungen um Site ass duerch d’Gestioun vum CGDIS als Intérêt public ofgesécher. Aktuell gëtt op Basis vum bestehende Managementplang zesummen a Richtung vun enger Autorisatioun geschafft, déi souwuel dem Schutz vum Gebitt wéi och der nationaler Bedeitung vun der CGDIS-Ausbildung Rechnung dréit.

Der Regierung ass iwwerdeems net bekannt, datt de CGDIS net méi um Trainingsterrain zu Waasserbëlleg wéilt festhalen.

Vu datt de CGDIS en autonomen Etablissement public ass an d’Inneministesch net an den alldeegleche Fonctionnement vum CGDIS agräift, kann d’Regierung och keng Stellung zum Fonctionnement an der Organisatioun vun de Formatiounen huelen.

Opgrond vum Artikel 28 vum modifizéierte Gesetz vum 27. Mäerz 2018 iwwert d’Organisatioun vun der ziviller Sécherheet ass d’Direction médicale et de la santé (DMS) vum CGDIS zoustänneg fir d’Hygiène an d’Aarbechtssécherheet beim CGDIS.

D’Hygiène an d’Sécherheetskoncepter vum CGDIS baséieren ënner anerem op de Recommandatioune vun der Association d’assurance accident (AAA). De Service vun der Preventioun vun der AAA zielt, nieft der Informatioun, der Berodung an der Forma-

tioun, och d’Kontroll an d’Iwwerwaache vun de legalen a reglementaire Bestëmmungen am Beräich „Sécurité et Santé au Travail“ zu senger Missiounen. D’AAA ass konsequenterweis och zoustänneg, fir d’Aarbechts- an Hygiënesbedingungen um Site vu Waasserbëlleg kënnen ze kontrolléieren.

**Question 5894** (07.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant l’**abattage d’arbres à Diekirch** :

Den 28. Januar goufen zu Dikrech zwee Beem gefält, déi laut Aschätzung vum Ministère vum Februar 2020 schützenswäert waren an net dierften duerch déi Chantieren, déi hannert de Beem ugefaangen hunn, beschiedegt ginn. An enger zweeter Aschätzung huet de Ministère seng Meenung geännert, dëst, well eng weider Entrée zu de Chantiere misst geschaf ginn.

Laut RTL erkläert den Ëmweltministère dës Ännerung e. a. doduerch, dass et sech ëm zwee Projete vun zwee verschiddene Promoteure géif handeln. Eng Ausso, déi laut Recherche vum RTL net stëmmt, wéll et sech ëm eng eenzeg Immobilière handelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Firwat huet sech d’Meenung vum Ministère no der Autorisatioun vum Chantier geännert?

2. Hat de Ministère sech mam zoustännegen Promoteur a Verbindung gesat a probéiert eng Léisung ze fannen, bei där déi véier Beem hätte kënnen stoe bliwen?

3. Firwat gëtt déi zweet Entrée eréischt ee Joer nom Ufank vum Chantier néideg?

4. Wéi al schätzt de Ministère, dass dës Beem waren? Kann een opgrond vum Alter an der Aart soen, dass et sech hei ëm selte Beem gehandelt huet?

**Réponse** (03.05.2022) de **Mme Joëlle Welfring**, *Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. D’Meenung vum Ministère huet sech net geännert, wat de landschaftleche Wäert vun de Beem laanscht d’Spidolsstrooss um Terrain vum ale Pensionat betrëfft. Zwou Bluttbichen (déi erhalen wäerte bliwen) an déi zwee (antëscht gefälten) Nolebeem sinn, respektiv waren nom Artikel 14 vum Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 geschützt. Et





ass an deem Fall um Minister fir Ëmwelt ze entscheeden, ob se däerfen ëmgehaen, entwuerzelt oder zerstéiert ginn.

Op dem Terrain vum ale Pensionat sinn zwee Bauprojete geplangt: eng Senioreresidenz an eng Maison relais. De MECDD ass befaasst ginn mat enger Demande, fir déi véier Beem ëmzehaen. Béid Bauprojete sinn tëschent 2018, Joer vun der Demande, an 2021 e puermol ëmgeännert ginn. Des Ännerungen hunn och zu widerhuelten Ëmännerunge vun den zwou kommunale Baugeneemegungen gefouert.

Fakt ass, datt et sech um Stand vum Joer 2021 ëm zwee getrennte Bauprojeten handelt, wat de MECDD och esou vun den Dikrecher Gemengenautoritéite confirméiert krut.

Den Entschied, d'Ëmhae vun den zwee Nolebeem ze autoriséieren, ass getraff ginn no enger Evaluatioun vum ëffentlechen Interessi un der Schafung vun enger ëffentlecher Maison relais par rapport zum ëffentlechen Interessi um Erhale vun den zwee Nolebeem (e Sequoia an eng Blozeeder). D'Gemeengenautoritéite sinn och am Virfeld vun der Decisioun consultéiert ginn.

Et sief och nach gesot, datt d'Autorisatioun fir d'Ëmhae vun den zwee Beem de Bauhär verflicht, zwee grouss Lafbeem (Ahorn) als Ersatz ze planzen. No de Bauaarbechte wäerten deemno véier grouss Beem, déi zwou bestoend Bluttbichen an déi zwee nei geplanzten Ahornen, eng Bamrei laanscht d'Parzellegrenz zu der Strooss bilden.

ad 2. Jo. Et gouf eng moderéiert Mediationsreunioun mat alle concernéierten Acteuren zu Dikrich. Do gouf vusäite vun der ANF (no Ofsprooch mam MECDD) gesot, dass déi zwee besote Beem kéinte gehae ginn, zwee anerer awer (Bluttbichen) misste stoe bliwen.

ad 3. Dës Fro betrëfft de Projet u sech an adreséiert sech un de Bauhär. Se betrëfft keng Kompetenz vum MECDD.

ad 4. D'ANF schätzt déi zwee gehae Beem op ca. 100-110 Joer. Et handelt sech ëm ee Mammutbam an eng Zeeder. Béid Aarte sinn hei zu Lëtzebuerg net heemesch; sinn a ginn awer als Landschaftselement oder a Parken ugeplant. An der Natur sinn dës Zorten net dacks unzetreffen. Am Siidlungsraum sinn et awer Beem, déi een an der Gréisst respektiv deem Alter reegelméisseg bei ale Gebaier mat vill Plaz untrëfft.

**Question 5916** (10.03.2022) de **Mme Myriam Cecchetti** (*déi Lénk*) concernant l'**incendie dans une zone industrielle à Mertzig** :

Suite à votre réponse du 18 janvier 2022 à ma question parlementaire enregistrée sous le numéro 5406 du 17 décembre 2021, je voudrais demander les précisions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement :

1) Comment Madame la Ministre explique-t-elle que 14 ans ont pu s'écouler entre la délivrance des autorisations du Ministère du Travail respectivement du Ministère de l'Environnement ? La zone industrielle en question n'aurait-elle pas dû disposer d'une autorisation du Ministère de l'Environnement en matière d'établissements classés avant sa mise en exploitation ?

2) Quelle est la date de mise en exploitation de la boulangerie en question dans la zone industrielle à Mertzig ? Comment Madame la Ministre explique-t-elle que la boulangerie ne disposait ni d'une autorisation de la classe 2 ni de la classe 3 mais a quand même pu s'établir dans la zone industrielle ? Des contrôles réguliers des zones industrielles et des entreprises y établies ne sont-ils pas régulièrement effectués par vos services compétents respectifs ?

Dans votre réponse du 18 janvier 2022 vous expliquez qu'un débordement d'un incendie ne pourrait pas être exclu même en présence de mesures de protection. Dans ce contexte je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement :

3) Comment Madame la Ministre arrive-t-elle à la conclusion qu'un débordement d'un incendie n'aurait pas pu être exclu si elle affirme en même temps que la boulangerie en question ne disposait pas d'autorisation d'exploitation et que l'entreprise n'a donc pas été soumise à des contrôles ? Madame la Ministre n'est-elle pas d'avis que l'incendie et son débordement auraient pu être évités si l'établissement avait été réceptionné et contrôlé par un organisme agréé avant sa mise en exploitation tel qu'il est prévu par la loi sur les établissements classés ?

L'incendie en question s'étant produit le 6 décembre 2021, je voudrais demander des précisions sur l'intervention des agents de l'ITM qui n'a eu lieu que le 13 décembre et sur les contrôles effectués le 4 janvier par les agents de l'AGE :

4) Comment expliquez-vous le fait que les agents de l'ITM ne peuvent agir que sur un échantillon de l'ensemble des établissements classés et/ou sur base de réclamations qui ont été portées à l'attention de l'ITM, en tenant compte du renforcement massif de l'effectif des inspecteurs de travail ?

5) Comment les agents de l'ITM ont-ils pu s'assurer que des mesures de sécurité et de santé pour le personnel de la boulangerie ont bien été mises en place suite à l'incendie et pendant les travaux de déblayage sûrement déjà largement achevés au moment de la visite de l'ITM ?

6) Comment une pollution de la « Wark » suite au déversement d'eaux d'extinction aurait-elle pu être constatée lors de la visite des agents AEV et AGE le 4 janvier 2022 tout en sachant que l'incendie s'est produit un mois avant ces contrôles ?

7) Comment justifiez-vous que la zone industrielle à Mertzig n'est pas équipée d'un bassin de rétention pour les eaux de surface et que ces eaux potentiellement polluées sont en partie directement déversées dans la « Wark » ?

Madame la Ministre précise dans sa réponse qu'une étude concernant la stabilité des halls de production ainsi que de la pollution sur le site a été établi par l'exploitant :

8) Quels ont-été les résultats de l'étude mentionnée ? Ces résultats ont-ils pu justifier une reprise de la production que quelques jours après l'incendie ?

Finalement Madame la Ministre explique que les deux entreprises touchées par l'incendie ont pu continuer leur production même en l'absence d'une autorisation d'exploitation. Dans ce contexte je voudrais poser la question suivante à Madame la Ministre :

9) Ne craignez-vous pas qu'une telle gestion d'entreprises ne disposant pas d'autorisation d'exploitation ne pourrait inciter d'autres entreprises de ne pas se conformer à la législation en matière d'établissements classés ?

**Réponse** (04.05.2022) de **Mme Joëlle Welfring**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1) L'instruction retardée du dossier de demande en matière d'établissements classés s'explique par le manque de ressources humaines du service compétent de l'Administration de l'environnement. Celui-ci a été renforcé afin que de telles situations se reproduisent de moins en moins.

Comme déjà indiqué dans la réponse à la question parlementaire n° 5406 du 17 décembre 2021, c'est la création et l'aménagement d'une zone d'activités qui sont soumis à autorisation. À partir du moment, où une zone d'activités a été créée et aménagée, des établissements peuvent s'y installer sous réserve de disposer des autorisations nécessaires.

Une zone d'activités autorisée permet aux établissements qui veulent s'y installer une procédure d'autorisation plus rapide, étant donné que différents points ont déjà été analysés pour la zone d'activités en tant que telle. Or, même si cette zone n'a pas encore été autorisée, des établissements peuvent quand même s'y installer, sous réserve de faire toutes les démarches nécessaires, dans ces cas plus longues, et de disposer des autorisations requises. À titre d'information et pour de plus amples renseignements à ce sujet, il est renvoyé au jugement du tribunal administratif du 15 décembre 2004, inscrit sous le numéro 17705 du rôle, confirmé en instance d'appel par la Cour administrative dans un arrêt rendu le 7 juillet 2005, inscrit au numéro 19221C du rôle et au jugement du tribunal administratif du le 22 janvier 2015, inscrit sous le numéro 34236 du rôle, confirmé en instance d'appel par la Cour administrative dans un arrêt rendu le 25 juillet 2015, inscrit au numéro 35952C.

Finalement, il y a encore lieu de préciser que dans la période lors de laquelle la zone industrielle de Mertzig a été développée, les zones industrielles n'ont pas encore été reprises par la nomenclature sur les établissements classés. Celles-ci n'ont été ajoutées qu'en 1990.

ad 2) Mes services ne disposent pas d'informations relatives à la première mise en exploitation d'une boulangerie dans la zone d'activités à Mertzig. Il n'incombe pas aux autorités compétentes en matière d'établissements classés de décider quels établissements peuvent s'installer dans une zone d'activités mais au gestionnaire de cette zone. Il est supposé qu'aussi bien ce gestionnaire que les exploitants d'établissements classés connaissent la législation en matière d'établissements classés et entament le cas échéant, lors d'un projet d'établissement, les démarches requises en la matière en temps utile.

Actuellement, les ressources des unités compétentes de l'Administration de l'environnement ne permettent pas de contrôler régulièrement l'ensemble des établissements classés. Il n'y a d'ailleurs pas que des établissements soumis aux dispositions en matière d'établissements classés qui peuvent s'implanter dans des zones d'activités.

En ce qui concerne les compétences du Ministre ayant le Travail dans ses attributions et de l'Inspection du travail et des mines (ITM), des contrôles en matière de sécurité et santé sont bien effectués dans tous types d'établissements classés, y compris dans des entreprises installées dans des zones industrielles. Vu les effectifs et les autres compétences en matière de contrôle de l'ITM, il ne peut être garanti que toutes puissent être contrôlées.

Il y a lieu de remarquer, qu'actuellement, ceux-ci ne peuvent que se limiter à un échantillon de l'ensemble des établissements classés et/ou sur base de réclamations qui ont été portées à l'attention de l'ITM.

ad 3) En ce qui concerne les compétences attribuées au Ministre ayant le Travail dans ses attributions en matière d'établissements classés, le débordement d'un incendie ne peut être exclu indépendamment des mesures de protection.

Les mesures imposées sont destinées à garantir la sécurité du public et du voisinage en général ainsi qu'à la sécurité, l'hygiène et la santé sur le lieu de travail, la salubrité et l'ergonomie.

Les autorisations délivrées fixent par conséquent e. a. les conditions afin de permettre d'éliminer, respectivement réduire au maximum les risques pour la sécurité et la santé encourus par les salariés, le public et le voisinage lors de l'exploitation.

Les mesures imposées sont également élaborées afin de permettre, si toutefois un incendie devait se déclarer, une évacuation sûre des salariés, du public et si nécessaire du voisinage et ce, pendant un laps de temps nécessaire à l'évacuation, respectivement à l'intervention des services de secours.

Afin d'atteindre cet objectif, il n'est techniquement pas toujours nécessaire d'imposer des mesures empêchant un débordement.

ad 4) Effectivement, le renforcement massif de l'effectif de l'ITM a permis à l'administration d'augmenter substantiellement le nombre de contrôles effectués ces dernières années et ce dans toutes les matières tombant sous ses compétences et celles du Ministre ayant le Travail dans ses attributions. Ces contrôles ne se limitent pas uniquement aux établissements classés, mais sont également du domaine de la sécurité et santé dans toutes les entreprises et sur les chantiers, du droit du travail, du détachement de salariés étrangers, des ressortissants des pays tiers, etc.

D'une manière générale, à moins d'augmenter davantage les effectifs, les contrôles ne peuvent uniquement que se faire sur un échantillon de l'ensemble des matières de contrôle de l'ITM.

ad 5) En effet, les agents de l'ITM n'étaient pas sur place dès le début des travaux de déblayage. Néanmoins, lors du contrôle les agents de l'ITM ont pu constater que les zones touchées par l'incendie avaient été confinées conformément aux règles de l'art, par rapport aux zones auxquelles le personnel de la boulangerie avait accès.

Comme déjà évoqué dans la réponse à la question parlementaire n° 5406 du 17 décembre 2021, aucune infraction considérée comme pouvant présenter un danger imminent pour les salariés occupés sur le site n'a été constatée.

ad 6) Comme indiqué dans la réponse à la question 4 de la question parlementaire n° 5406 du 17 décembre 2021, des agents du « Groupe d'intervention pollutions » de l'Administration de la gestion de l'eau (AGE) ont pris des mesures afin d'empêcher les eaux polluées de se déverser dans le cours d'eau « Wark ». Les agents de l'AGE étaient donc sur place le jour de l'incendie, le 6 décembre 2021, lors de l'intervention du CGDIS. Ils ont également prélevé des échantillons à différents endroits du cours d'eau afin de constater un éventuel impact du déversement d'eaux d'extinction dans le cours d'eau.

ad 7) Lors de l'entrée en vigueur de la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau, la zone industrielle à Mertzig était déjà existante.

Depuis l'entrée en vigueur de la prédite loi, trois établissements ont introduit une demande d'autorisation relative à l'eau dans laquelle l'aménagement d'un bassin de rétention pour eaux pluviales était prévu.

ad 8) L'étude mentionnée n'est pas encore finalisée.

Le fait de ne pas avoir suspendu la production se justifie par les constatations résultant du contrôle du 13 décembre 2021. Suite à ce contrôle et en tenant compte des mesures de sécurité prises, aucun élément relatif aux compétences du Ministre ayant le Travail dans ses attributions, à savoir, la sécurité du public et du voisinage en général ainsi qu'à la sécurité, l'hygiène et la santé sur le lieu de travail, la salubrité et l'ergonomie, n'aurait justifié la fermeture de l'exploitation, d'après l'évaluation faite de la situation.

ad 9) Comme déjà précisé dans la réponse à la question 2, il est présumé que des exploitants d'établissements classés entament, lors d'un projet d'établissement, les démarches requises en la matière en temps utile.

L'article 27 de la loi relative aux établissements classés prévoit :

« Art. 27. Mesures et sanctions administratives

1. En cas d'infraction aux dispositions des articles 4, 6, 13, 17, 18 et 20 de la présente loi, les ministres ou leurs délégués mandatés à cet effet pour les établissements des classes 1, "1A, 1B,"1 3, 3A, 3B et 4 et le bourgmestre de la commune concernée pour les établissements de la classe 2, peuvent selon le cas

- impartir à l'exploitant d'un établissement un délai dans lequel ce dernier doit se conformer à ces dispositions, délai qui ne peut être supérieur à deux ans ;

- faire suspendre, après une mise en demeure, en tout ou en partie l'exploitation ou les travaux de chantier par mesure provisoire ou faire fermer l'établissement ou le chantier en tout ou en partie et apposer des scellés. »

Dans le cas précis, en ce qui concerne les compétences du Ministre ayant l'Environnement dans ses attributions : Comme déjà indiqué à la réponse à la question 8 de la question parlementaire n° 5406 du 17 décembre 2021, l'exploitant s'est vu imposer un délai de mise en conformité selon les dispositions de l'article 27 de la loi modifiée relative aux établissements classés. Pendant ce délai de mise en conformité, l'exploitation lui est permise sous certaines conditions. Si l'exploitant ne demande pas une autorisation en bonne et due forme selon les délais lui imposés, ledit ministre peut, toujours selon l'article 27, décider, après mise en demeure, la fermeture de l'établissement. Les mesures administratives sont choisies en fonction de la gravité et de l'envergure des non-conformités constatées. En règle générale, elles misent en premier lieu sur la collaboration et la bonne volonté des exploitants, une prononciation de fermeture n'étant que l'ultime moyen.

En ce qui concerne les compétences du Ministre ayant le Travail dans ses attributions : Suite au contrôle effectué et en tenant compte des mesures de sécurité prises à ce moment, aucun élément relatif aux compétences du MTEESS, à savoir, la sécurité du public et du voisinage en général ainsi qu'à la sécurité, l'hygiène et la santé sur le lieu de travail, la salubrité et l'ergonomie, n'aurait justifié la fermeture de l'exploitation, d'après l'évaluation faite de la situation.

Par conséquent le MTEESS a décidé d'impartir à l'exploitant de la boulangerie un délai afin que celui-ci introduise une demande d'autorisation et se conforme ainsi aux dispositions de la loi relative aux établissements classés. En cas de non-respect de cette injonction dans le délai en question, le Ministre ayant le Travail dans ses attributions pourra, si nécessaire, après mise en demeure, faire suspendre l'exploitation.

Un effet incitatif au non-respect des dispositions de la loi susmentionnée ne peut pas être conclu des décisions entreprises.

**Question 5921** (11.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **accidents de la route avec gibier** :

Op de Landstroosse besteet ëmmer de Risiko, dass et zu engem Zesummostouss tëschent Wëld a Gefierer kënn. D'Stroosse féieren duerch d'Habiter vun den Déieren an deemno ass et ubruecht, op esou Strecke méi virsiichteg ze fueren andeems ee manner op de Gas dréckt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Mobilitéit a fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Zesummostéiss goufen et an deene vergaangene fënnef Joer, opgelëscht no Mount, tëschent Wëld a Stroossegefierer? Wéi vill goufen der Police gemellt a wéi vill goufe bei Assicurancé gemellt?

2. Wéi eng Déierenart ass am meeschten an Accidenter mat verwéckelt?

3. Zu wéi enger Joreszäit besteet, statistesch gesinn, den héchste Risiko, fir ee wëllt déier unze-stoussen? (Aneschers gefrot: Wéi eng Méint, sinn déi meeschten Accidenter ze verzeechen?)

4. Op wéi enge Plazen am Land besteet, statistesch gesinn, den héchste Risiko, fir ee wëllt Déier unze-stoussen?

5. Kann d'Ministesesch ausschléissen, dass beim an nom Ofhale vu Klappjuegten d'Unzuel un Accidenter ronderëm d'Juegdloos méi héich ass?

**Réponse commune** (04.05.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **Mme Joëlle Welfring**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. An de leschte Jore goufen et insgesamt 16 Accidenter mat Wëld, wou Persounen zu Schued komm sinn. Den Tablo hei drënner wéisst dës am Detail:





(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

Wann een dës Zuele kuckt, da léisst sech dorauser schléissen, datt déi meescht Accidenter mat Wëld am Fréijoer an am Hierscht geschéien. Wat d'Plaze vun dësen Accidenter ausmécht, ass keng kloer Ausso méiglech, ausser datt d'Accidenter net an den Dierfer a Stied geschéien, mee ausseruerts. En Accident mat Wëld kann zu all Ament an op all Plaz geschéien. Dofir gëllt et ëmmer besonnesch gutt opzepassen, virun allem an de Moies- an Owesstonnen oder och an der Brunftzäit. Zuelen ëm wat fir Déieren et sech handelt ginn net erhuewen.

ad 2. Heizou leien eis keng Date vir.

ad 3. Wéi schonn an der éischter Äntwert ze liesen, geschéien déi meescht Accidenter am Fréijoer an am Hierscht.

ad 4. Och hei leien eis keng Daten vir.

ad 5. Nee, dat kann een net ausschléissen.

**Question 5929** (15.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant l'impact de l'augmentation du prix des carburants sur le transport public :

A menger parlamentarescher Fro Nr. 2732 hat ech mech ëm d'Zukunft vun de Busser mat Gasuntrib beim Minister informéiert. Bis 2030 soll d'Busflott hei am Land emissionsfräi ginn. Beim Gemengesyndikat vun de Busser am Süden, dem TICE, funktionéieren aktuell awer nach eng grouss Unzuel vu Busser mat Gasuntrib. Mat den aktuelle Gaspräisser wärten d'Dreifstoffkäschte vun de Buslinne beim TICE, mee och bei den RGTR-Linnen, dëst Joer wuel nach ee Stéck méi deier ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Wéi vill Mehrausgaben erginn sech beim TICE zur Zäit duerch d'Erhéijung vun den Dreifstoffpräisser?

2. Wäert den TICE fir dëst Joer méi Budget kréien, fir déi méi héich Dreifstoffkäschte kënnen ze bezuelen?

Falls jo, wéi wäert een sech d'Käschten tëscht dem Staat an dem Gemengesyndikat opdeelen?

3. Privat Busfirmae mussen hir Recetten an der Reegel selwer opdreiwien. Se kënnen net op de Staatsbudget zeréckgräifen, wéi de Staat.

Ass am Kader vun de Konzessiounsverträge vun RGTR virgesinn, dass de Bäitrag vun Staat un d'Busfirmaen a Funktioun vu méi héijen Energiepräisser kann erhéicht ginn?

**Réponse** (18.05.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

D'parlamentaresch Fro vun 15. Mäerz 2022 vun honorablen Deputéierte betrëfft déi aktuell Erhéijung vun den Dreifstoffkäschte fir Bussen, woubäi an der Fro souwuel den TICE wéi och den RGTR thematiséiert ginn.

Aleedend ass ze rappeléieren, datt de Staat sech un den Exploitationuskäschte vun TICE bedeelegt andeems en sech un de Critèren orientéiert, déi am RGTR ugewant ginn, dëst laut der aktueller Konvention tëschent dem Staat an dem TICE. Dat wat iwwer d'Critère vun RGTR erausgeet, geet zu Laaschte vun de Gemengen.

Follgend Informatioun ass mir aus dem Département véhicules et maintenance vun TICE iwwer-mëttelt ginn, wat d'Spezifizitéit vun de Gasbusse betrëfft:

Wat de Carburant Gaz comprimé ubelaangt, sinn 1.200.000 € am Budget virgesinn. Op Basis vun der Facture vu Januar 2022 misst de Budget op ëmmerhin 1.800.000 € erhuewe ginn, also dem aktuelle Stand no +50 %.

D'Präishaussé um CNG huet een immensen Impakt. Vergläicht een d'Facture vu Januar 2022 mat der Facture vun Dezember 2021, stellt een en Delta vun ca. 40.000 € (hTVA) fest. Den Ënnerschied risquéiert och nach méi héich ze ginn, well de Präis CNG zäitversat ass zum Barrel.

Den TICE bestëllt pro Woch tëscht 30.000 a 35.000 Liter Diesel. Vergläicht een den Dieselpäis op den 1. Januar 2022 (prix à la pompe hTVA 1,1811€/l) par rapport zum Präis vu Mëtt März 2022 (prix à la pompe hTVA 1,4675€/l), mécht dat pro Woch e Surplus u Käschte vun 8.000 € bis 10.000 € (hTVA).

Fir den Dieselpäis ass beim TICE e Budget vun 1.800.000 € virgesinn. Sollten d'Präisser weider op deem Niveau bleiwen, da brauch den TICE e Budget vun 2.300.000 € bis 2.500.000 €.

An der Tëschenzäit (Stand Enn Abrëll) mécht et pro Woch e Surplus vun 11.500 € bis 14.000 € (hTVA), an et kann ee vun 2.500.000 € bis 2.700.000 € ausgoen.

Dës Ausgabe sinn am Budget ordinaire „des dépenses obligatoires“, dat heescht, datt och wa

kee Kreditt méi do wär, géiff den TICE trotzdem d'Commandë realiséieren a spéitstens seng Prévisions budgétaires am Kader vum Budget rectifié ajustéieren.

Souwuel déi aktuell RGTR-Kontrakter, wéi och déi nei Kontrakter, déi Mëtt Juli 2022 a Kraaft trieden, gesinn automatesch Präisupassung bei den Dreifstoffkäschte vir. Duerch déi erwäante Konvention ginn dës Upassungen deemno och beim TICE applizéiert.

**Question 5950** (16.03.2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*) concernant les offres d'emploi dans le domaine du travail social :

Depuis mars 2014, le Praxisbüro de l'Université du Luxembourg observe et documente le marché de l'emploi luxembourgeois dans le domaine du travail social.

Chaque semaine, les offres d'emploi d'institutions privées ainsi que d'organismes à but non lucratif, publics et communaux sont reprises de la rubrique « Jobfinder » du « Luxemburger Wort », du site Internet dédié aux offres d'emploi dans la fonction publique « [gouvjobs.public.lu](http://gouvjobs.public.lu) » et de la newsletter de la Fédération générale de la fonction communale (FGFC).

Des statistiques ainsi collectées, il ressort qu'en 2020, le nombre d'offres d'emploi annuel a été loin le plus important depuis 2014.

Ainsi, le nombre d'offres d'emploi recensées est en progression constante et a culminé à 2.154 demandes en 2020, un nouveau record depuis le lancement du projet de recherche en 2014, où il était de l'ordre de 1.000 demandes. Ce chiffre est d'autant plus impressionnant sachant qu'il ne considère ni la pandémie ni la multiplication des autres sources de recrutement que le projet de recherche n'a pas prises en compte.

Parmi les domaines d'activités à l'origine des offres d'emploi, le secteur de l'accueil de jour pour enfants était largement en tête avec +/- un tiers des offres, suivi par le secteur du handicap +/- 20 %.

Cette demande importante du personnel qualifié concerne tous les niveaux de qualification et la situation sur le terrain ne changera guère pour les années 2021 et 2022.

1) J'aimerais dès lors savoir du Gouvernement, s'il peut confirmer ces chiffres et dans quelle mesure les offres d'emploi ont pu être satisfaites.

2) Quelle a été l'influence du projet « Quereinsteiger » sur l'évolution professionnelle ?

3) Quel a été le nombre de candidats qui ont postulé dans le domaine du travail social pour les années académiques 2018 à 2021, quel a été le nombre de candidats acceptés pour les mêmes années et combien de diplômes dans les domaines prémentionnés sont sortis de l'université pendant cette même période ?

4) Quelles sont selon le Gouvernement les raisons principales pour l'écart important entre l'offre d'emplois et les candidats disponibles ?

5) Quels efforts ont été entrepris pour motiver les jeunes à choisir une formation dans ce domaine ?

**Réponse commune** (06.05.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*, et de **M. Georges Engel**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire* :

ad 1) Le secteur de l'éducation et d'accueil de l'enfance a connu de profondes mutations au Luxembourg au cours des 15 dernières années. Ce secteur est en pleine expansion d'un point de vue quantitatif et qualitatif au regard du nombre d'enfants qui fréquentent les différents dispositifs de l'éducation non formelle (crèche, mini crèches, maison relais, foyers de jour et assistants parentaux) et le nombre de structures d'accueil qui se sont multipliées depuis l'introduction du chèque service d'accueil (CSA) en 2009. Le marché de l'emploi du secteur de l'éducation et de l'accueil est particulièrement tendu dans la mesure où l'offre d'emploi est supérieure à la demande d'emploi. Le contexte de la crise sanitaire a accentué cette tendance au cours de l'année 2020.

Indépendamment de la crise sanitaire qui a engendré une augmentation de la demande de main-d'œuvre dans le secteur de l'éducation et l'accueil de jour des enfants, il convient de souligner que 31 nouveaux services d'éducation et d'accueil ont ouvert leurs portes en 2020. L'ouverture de ces structures implique qu'elles remplissent les conditions réglementaires requises, notamment au niveau de la qualification du personnel, mais aussi au niveau du nombre de personnel pédagogique recruté vu qu'un ratio d'encadrement est à respecter.

Afin de permettre à tous les enfants d'accéder à une offre pédagogique de qualité, des réflexions

sont en cours au sein du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE) en vue de promouvoir l'offre des études éducatives et sociales auprès des jeunes afin de les motiver à s'investir dans un secteur en pleine expansion. C'est ainsi qu'à partir de la rentrée 2022 un DAP dans la petite enfance sera proposé dans plusieurs établissements scolaires. Cette offre constitue un pas en avant dans les réflexions menées au sein du MENJE. Un autre élément à mentionner dans le contexte de la pénurie de main-d'œuvre est le nouveau dispositif gratuit de la formation continue qui a été mis en place pour le secteur de l'éducation non formelle. Tous les collaborateurs du secteur conventionné ou non conventionné ont droit à 24 heures de formation continue, dont les frais sont intégralement pris en charge par le MENJE. Dans les prochains mois, le MENJE organisera une première édition des assises du développement professionnel du secteur de l'éducation non formelle, dont le but est d'échanger avec les acteurs sur les profils professionnels et leurs besoins en main-d'œuvre en vue d'adapter la formation initiale aux besoins du terrain.

ad 2) Dans le cadre du recrutement des détenteurs d'un bachelier en lien avec un des objectifs de l'enseignement fondamental, la commission de recrutement a retenu des candidats disposant d'une grande variété de profils et elle a assuré, par ce biais, l'hétérogénéité du groupe d'agents suivant la formation en cours d'emploi en vue de l'obtention du certificat de formation pédagogique. Ainsi, les candidats éligibles de par leur diplôme d'études supérieures de briguer un poste du sous-groupe d'indemnité socio-éducatif constituent en moyenne 23,6 % des candidats retenus.

Le nombre de candidats retenus dont la qualification correspond à la catégorie « Enseignement, pédagogie et sciences sociales » se révèle effectivement plus prononcé. Nonobstant, le nombre absolu de candidats retenus dans le cadre du recrutement concerné varie entre 24 et 61 agents et ce faible nombre ne devrait guère avoir d'impact sur le marché de l'emploi luxembourgeois dans le domaine du travail social.

ad 3) Le nombre total de candidats au Bachelor en sciences sociales et éducatives (BSSE, formation à temps plein) offert par l'Université du Luxembourg s'élève en moyenne à 217 par an (218 pour l'année académique 2018-2019, 260 en 2019-2020, 211 en 2020-2021 et 181 en 2021-2022), dont près de 90 ont été admis chaque année. À ceci s'ajoutent les candidats de la même formation en cours d'emploi, qui entre-temps a été intégrée dans le programme d'études BSSE régulier.

Le nombre total de diplômés (Bachelor en sciences sociales et éducatives ; Bachelor en sciences sociales et éducatives en cours d'emploi) est passé de 56 en 2018-2019 à 68 en 2020-2021.

Pour de plus amples renseignements au sujet du Bachelor en sciences sociales et éducatives offert par l'Université du Luxembourg, il est renvoyé aux réponses des 24 mars et 6 avril 2022 aux questions parlementaires n° 5820 de l'honorable Députée Simone Asselborn-Bintz et n° 5935 de l'honorable Député Fred Keup.

L'université offre également un programme de Master in Social Sciences and Educational Sciences. Cette formation comptait 116 candidats en 2018-2019 et 146 en 2020-2021. En 2019-2020, 13 étudiants ont été diplômés à l'issue de ce programme.

ad 4) En ce qui concerne l'accueil de jour dans les structures de l'éducation non formelle, le nombre d'enfants bénéficiaires du CSA a augmenté de manière constante depuis sa mise en place en 2009 (à l'exception de 2020 dû à la pandémie Covid-19).

De plus en plus d'enfants sont encadrés en dehors de la cellule familiale. Cette forte expansion constitue une pression importante au niveau du besoin en personnel qualifié.

À côté de cette croissance quantitative du secteur de l'éducation non formelle, l'entrée en vigueur de la loi jeunesse en 2016 ciblant le développement de la qualité a entamé un processus de pédagogisation, impactant l'accueil d'un point de vue qualitatif et introduisant de nouvelles conditions linguistiques au niveau du prestataire CSA. Une des raisons expliquant l'écart entre l'offre et les demandes d'emploi est que les candidats ne répondent pas toujours aux conditions linguistiques exigées, pourtant indispensables à un accueil pédagogique de qualité.

D'autres éléments contribuent à expliquer la pénurie de main-d'œuvre dans le contexte de l'éducation non formelle. La crise sanitaire ainsi que l'accueil et la scolarisation des enfants en provenance de l'Ukraine ont engendré des besoins urgents de ressources humaines supplémentaires et ainsi augmenté la pression sur la demande de main-d'œuvre.

En ce qui concerne les chiffres énoncés dans la question parlementaire sous rubrique, il y a lieu de souligner que ces chiffres sont issus d'un projet de

l'Université du Luxembourg et ne correspondent pas aux chiffres de l'ADEM. Le tableau ci-dessous recense les postes dans le domaine du travail social qui sont déclarés à l'ADEM. Ces chiffres concernent les catégories K11, K12, K13, K14 et K18 du référentiel ROME.

Ce référentiel peut être consulté à l'adresse suivante : [https://rome.adem.etat.lu/index\\_base.html](https://rome.adem.etat.lu/index_base.html)

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Comme les employeurs du secteur public ne sont pas légalement tenus de déclarer leurs postes vacants à l'ADEM, ces chiffres ne sont certainement pas exhaustifs, car le secteur public est un employeur important dans ce domaine. Il est également important d'insister sur le fait que ces chiffres ne sont pas comparables aux chiffres de l'université, car l'approche est différente. Nous tenons à souligner que l'ADEM s'apprête à réaliser une étude sectorielle dans les secteurs social et de la santé, à l'instar des études qu'elle a déjà réalisées dans sept autres secteurs<sup>1</sup>.

Cette étude sectorielle va combiner et exploiter plusieurs sources de données, afin d'obtenir l'image la plus complète et fidèle possible sur les emplois dans ces secteurs.

ad 5) Le Service information études supérieures du Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche (MESR) informe par de multiples moyens les (futurs) étudiants sur les programmes de formation qui sont offerts par les établissements d'enseignement supérieur nationaux et étrangers, ainsi que sur les débouchés professionnels potentiels. Cela vaut évidemment aussi pour les voies de formation relevant du domaine du travail social.

Au niveau des publications éditées par ledit service, la brochure Pédagogie et social, faisant partie de la série Études & Métiers, est consacrée au domaine en question. Elle est régulièrement mise à jour, afin de tenir compte des dernières évolutions dans le domaine.

Le Service information études supérieures du MESR collabore en outre à la plateforme beruffer. anelo.lu, qui présente à un public jeune une panoplie de métiers ainsi que les voies de formation afférentes. En font partie des fiches consacrées à des formations et des professions relevant du domaine du travail social.

**Question 5986** (28.03.2022) de **M. Léon Gloden** (CSV) concernant les comportements agressifs relevés dans les écoles fondamentales :

Il me revient que notamment dans les écoles fondamentales, de plus en plus d'actes de violence et de mépris, des injures et des refus de se conformer aux instructions du corps enseignant seraient commis par des élèves à l'égard du personnel enseignant. Des actes de vandalisme contre l'équipement scolaire seraient également régulièrement constatés.

C'est ainsi que je souhaiterais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

- Messieurs les Ministres peuvent-ils confirmer ces informations ?

Même s'il est vrai que le 26 novembre 2021, une journée d'étude a été consacrée à la prévention des violences et à la promotion de la santé mentale chez les jeunes, cette sensibilisation s'est prioritairement adressée aux directions d'écoles.

- Comment ces agressions et actes de vandalisme sont-ils actuellement thématiques dans le cadre du cursus scolaire ?

- Messieurs les Ministres ne considèrent-ils pas qu'il faille enrichir le programme scolaire via de (nouveaux) formats de sensibilisation, à titre d'exemple des rôles de jeux, à l'attention des élèves ? L'intervention d'agents de police et autres pour sensibiliser les jeunes aux conséquences des actes ainsi commis pour les victimes eux-mêmes, la communauté scolaire et leurs parents est-elle envisagée dans ce contexte ?

- Est-ce que des conclusions tirées de la journée d'étude sont appliquées sur le terrain ? Dans l'affirmative, de quelles conclusions s'agit-il ?

**Réponse commune** (03.05.2022) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*, et de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

Le nombre d'élèves fréquentant les écoles fondamentales publiques est en constante croissance et a dépassé les 50.000 lors des dernières années. Suite à l'engagement du personnel des écoles sou-

<sup>1</sup> Voir : <https://adem.public.lu/fr/employeurs/futureskills/etudes-sectorielles.html>





tenu par les directions de région et l'équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (ESEB), le nombre d'actes de violence et de mépris, de même que des actes de vandalisme contre l'équipement scolaire, reste marginal. Si de tels actes se limitent à des cas isolés, ils sont pris au sérieux ce qui se traduit par les mesures préventives prévues dans les écoles fondamentales et l'intervention rapide de la communauté scolaire et des membres de l'ESEB en cas d'apparition d'un acte de violence respectivement de vandalisme.

Dans le souci de prévenir des actes de violence et de vandalisme dans les écoles fondamentales luxembourgeoises, l'Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) a proposé à deux membres du personnel de l'ESEB de chaque direction de région la formation intitulée « Ausbildung zum/zur Deeskalationstrainer/-in nach ProDeMa® für den Kind- und Jugendbereich » et ces derniers, désignés en tant que multiplicateurs, ont développé à leur tour les compétences qui faisaient l'objet de la formation continue auprès de leurs collègues. Les participants y ont su découvrir une panoplie de stratégies susceptibles de remédier à des situations conflictuelles dans le contexte scolaire, ils se sont outillés pour assister le personnel enseignant à encadrer des élèves qui présentent des troubles comportementaux et pour prévenir le recours à la violence des élèves en dégagant des pistes de résolution de conflits. D'autres formations continues, comme par exemple « Herausfordernde Situationen in der Klasse. Was tun? Ausbildung im konfrontativem Stil », visent à doter le personnel enseignant de stratégies leur permettant de désenvenimer des situations conflictuelles en classe en vue de contribuer ainsi à un perfectionnement de la gestion du groupe.

Le plan d'études prévoit dans le domaine des compétences transversales que les élèves développent dans le cadre scolaire des capacités d'écoute, de dialogue et de négociation ; éléments essentiels pour éviter le recours à la violence. D'un côté, les activités réalisées dans le cadre du domaine de développement et d'apprentissage « Vie et société » mènent les élèves à réfléchir sur les conséquences de leurs actions et aux responsabilités qui en découlent ainsi qu'à s'interroger sur l'origine de conflits et à distinguer les stratégies équitables et non équitables en matière de règlement de conflits en les appliquant à des exemples concrets. De l'autre côté, ces compétences sont développées par le biais d'une approche transversale dans le contexte des autres domaines de développement et d'apprentissage dont notamment ceux visant le développement des compétences langagières des élèves.

En complément aux activités s'inscrivant dans les domaines de développement et d'apprentissage, des projets, réalisés souvent dans le contexte du plan de développement de l'établissement scolaire, sont mis en œuvre dans les écoles fondamentales luxembourgeoises. S'y ajoutent les nombreuses activités de prévention de la violence qui sont mises en œuvre par les membres de l'ESEB, le cas échéant en collaboration les instituteurs spécialisés dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers et spécifiques (I-EBS) dans les écoles fondamentales. En fonction des besoins de la population scolaire, des coordinateurs du bien-être socio-émotionnel sont identifiés parmi le personnel de l'ESEB et interviennent dans les écoles fondamentales pour favoriser un développement ciblé des compétences socio-émotionnelles des élèves.

En cas de survenance d'un acte de violence respectivement d'un acte de vandalisme, ce dernier est thématisé, en fonction de l'envergure et des élèves concernés, dans le cadre de la classe, du cycle ou de l'école et, le cas échéant, l'équipe pédagogique sollicite le soutien de l'I-EBS ou des membres de l'ESEB pour éviter que de telles situations ne se reproduisent dans le futur. Au cas où les élèves continuent à présenter un comportement inadéquat, les mesures préventives sont revues et la réalisation de projets complémentaires est lancée en vue de contribuer à la désescalade de la situation.

Lorsque l'I-EBS constate, en accord avec l'équipe pédagogique et les parents concernés, que la prise en charge d'un élève qui souffre de troubles du comportement est insuffisante, l'ESEB a pour mission d'assurer le diagnostic et le suivi de la prise en charge des élèves à besoins éducatifs particuliers en collaboration avec les écoles, les I-EBS concernés, et, au besoin, avec l'équipe médico-socio-scolaire concernée et les centres de compétences. La Commission d'inclusion définit, dans ce cas, la prise en charge dont doit bénéficier l'élève en question.

En novembre 2021, le Centre de compétences pour le développement socio-émotionnel a invité au colloque « Schüler/-innen, die Systeme sprengen - Fokus pädagogische Beziehungen ». Les participants y ont assisté à des conférences d'experts et ils ont échangé sur des exemples de bonnes pratiques dans le cadre d'ateliers de travail applicables dans le contexte scolaire quotidien.

**Question 5987** (30.03.2022) de **M. Gilles Roth** (CSV) concernant la **destruction d'un biotope** :

Il me revient que le biotope référencé comme suit BK\_1C0209068 (marécage/bas marais) et situé sur le territoire de la commune de Dippach, localité de Bettange, est en train d'être détruit.

Je souhaiterais dès lors poser les questions suivantes à Madame le Ministre de l'Environnement :

1) Madame le Ministre est-elle au courant de la destruction du biotope en question ?

2) Cette destruction de biotope dispose-t-elle d'une autorisation ministérielle au titre de l'article 17, paragraphe 2 de la loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature ?

3) Madame le Ministre peut-elle préciser le motif à la base de la destruction dudit biotope (utilité publique, restructuration du parcellaire agricole, etc.) ? D'autres biotopes situés dans les alentours sont-ils également voués à disparaître ? Pour le(s) même(s) motif(s) ?

4) Qu'en est-il des mesures de compensation prévues à cet effet ?

**Réponse** (04.05.2022) de **Mme Joëlle Welfring**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1) Les travaux en cours ne constituent pas une destruction, mais correspondent à la mise en œuvre de mesures d'atténuation (appelées mesures CEF = Continuous Ecological Functionality) en faveur de plusieurs espèces protégées, et résulteront à moyen terme en l'amélioration et l'agrandissement d'un biotope et habitat d'espèce actuellement évalué comme un état de conservation « B ». Ces mesures doivent être exécutées et fonctionnelles avant le début même du chantier de construction ou de démolition, voire de dégradation ou destruction des sites de reproduction.

ad 2) Il est rappelé qu'il ne s'agit pas d'une destruction de biotope. Pourtant, les travaux sont couverts par une autorisation ministérielle qui précise les conditions à respecter pour effectuer les mesures d'atténuation en faveur de plusieurs espèces protégées.

ad 3) Il est rappelé qu'il ne s'agit pas d'une destruction de biotope. Le motif pour les travaux est l'exécution de mesures CEF résultant en une amélioration et un agrandissement de biotope et d'habitat d'espèce. Deux autres biotopes BK11 dont l'état de conservation est évalué « B » et « C » seront améliorés en vue d'atteindre un état de conservation « A ».

ad 4) N. a.

**Question 5988** (28.03.2022) de **Mme Carole Hartmann** et **M. Gilles Baum** (DP) concernant l'**absence de tarifs pour la radiologie extrahospitalière dans la nomenclature** :

En juillet 2019, la Cour constitutionnelle a jugé que le règlement grand-ducal du 17 juin 1993 fixant la liste des équipements et appareils qui ne peuvent être acquis par les médecins et médecins-dentistes pour leur cabinet médical « constitue une restriction à l'exercice de la profession libéral du médecin ».

En conséquence, l'équipement lourd de radiologie ne peut être réservé aux seuls établissements hospitaliers. Toutefois, l'absence de tarifs couvrant les frais directs et indirects de tels équipements lourds rend difficile leur acquisition pour des centres médicaux extrahospitaliers.

En outre, l'impossibilité d'obtenir le remboursement par la Caisse nationale de santé des examens radiologiques effectués en dehors de l'hôpital pourrait conduire à une médecine à deux vitesses, dans laquelle seuls les patients aisés seraient en mesure de payer de tels examens.

Il nous revient maintenant que les représentants du Ministère de la Sécurité sociale et du Ministère de la Santé n'étaient pas présents lors de la dernière réunion de la Commission de nomenclature, ce qui a rendu impossible toute prise de décision sur la question de la tarification des examens radiologiques extrahospitaliers.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale et à Madame la Ministre de la Santé :

- Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils confirmer que les représentants des deux ministères n'ont pas participé à la dernière réunion de la commission de nomenclature ? Dans l'affirmative, pourquoi les représentants étaient-ils absents ?

- Quand la question de la tarification sera-t-elle à nouveau abordée ?

- Madame et Monsieur les Ministres ne sont-ils pas d'avis qu'une médecine à deux vitesses résulte pré-

cisément de l'absence de tarifs pour la radiologie extrahospitalière dans la nomenclature ?

**Réponse commune** (17.05.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

D'entrée il y a lieu d'apporter quelques précisions quant à l'arrêt de la Cour constitutionnelle et à la décision du Tribunal administratif.

La Cour constitutionnelle a conclu que le règlement grand-ducal attaqué constituait certes une restriction d'une profession libérale, mais que cette restriction n'est pas en soi contraire à la Constitution à partir du moment où elle est justifiée et suffisamment cadrée au niveau d'une loi.

C'est dans ce cadre que des réflexions et échanges ont été entamés avec les différentes parties prenantes pour que les adaptations légales puissent être réalisées dans les meilleurs délais.

Nonobstant ces travaux, l'Association des médecins et médecins-dentistes (AMMD) a en date du 31 mai 2021 introduit une saisine auprès de la Commission de nomenclature en composition « médecins » pour introduire de nouveaux actes dans la nomenclature des médecins et médecins-dentistes, pour que les frais directs et indirects d'acquisition, d'installation et d'utilisation des équipements et appareils lourds visés, réservés au domaine hospitalier, puissent être facturés par des médecins en cabinet médical hors d'un site hospitalier.

Cette saisine a été présentée par l'AMMD à la Commission de nomenclature en octobre 2021. Toutefois, l'avancement des travaux de la Commission de nomenclature sur ce dossier se heurte au fait que le cadre légal actuel en matière de santé ne prévoit pas l'utilisation d'un équipement d'imagerie par résonance magnétique (IRM) en dehors d'un site hospitalier. Or, la matière de la santé est réservée par la Constitution à la loi, tel que rappelé par la Cour constitutionnelle dans son arrêt et une base légale permettant l'utilisation en dehors d'un site hospitalier n'existe pas.

Contrairement à ce qui est revenu aux honorables Députés, il a été vérifié dans les rapports de réunion que les représentants du Ministère de la Santé et du Ministère de la Sécurité sociale - ou leurs suppléants - sont présents systématiquement à la quasi-totalité des réunions de la Commission de nomenclature, les seules quelques absences étant dues à des contraintes survenues à brève échéance les empêchant dès lors d'y participer. Il s'avère effectivement que le représentant du Ministère de la Santé a eu une urgence relevant du domaine privé en date du 20 octobre 2021 et que sa remplaçante était déjà engagée dans une autre obligation professionnelle qu'elle n'a pas pu abandonner à si courte échéance.

Il est toutefois à souligner que ce dossier, qui avait figuré à l'ordre du jour de la réunion tenue en date du 20 octobre 2021, consistait en une présentation de la demande et que le dossier avait par la suite été traité lors de la séance du 26 janvier 2022, réunion à laquelle le Ministère de la Santé et le Ministère de la Sécurité sociale ont été dûment représentés.

En ce qui concerne la composition de la Commission de nomenclature, l'article 65, alinéa 8, prévoit que :

« La Commission de nomenclature se compose de :

1) deux membres dont le président, désignés par arrêté conjoint des ministres ayant dans leurs attributions la Sécurité sociale et la Santé ; un membre doit avoir la qualité de médecin ;

2) deux membres désignés par le conseil d'administration de la Caisse nationale de santé ;

3) deux membres désignés par le ou les groupements signataires de la convention pour les médecins ;

4) en fonction de la nomenclature en cause, deux membres désignés par le ou les groupements signataires de la convention concernée. »

L'article 65, alinéa 10, prévoit que « pour chaque membre effectif un membre suppléant est désigné ».

Pour délibérer valablement lors d'une réunion, l'article 5 du règlement grand-ducal modifié du 30 juillet 2011 relatif au fonctionnement de la Commission de nomenclature des actes et services pris en charge par l'assurance maladie prévoit que :

« La Commission de nomenclature délibère valablement si au moins cinq de ses membres sont présents, dont au moins un membre désigné en vertu de l'article 65, alinéa 8, point 1 du Code de la sécurité sociale et un membre désigné en vertu de l'article 65, alinéa 8, point 2 du même code. Lorsqu'elle siège dans la composition prévue à l'article 65, alinéa 9 du Code de la sécurité sociale, ce nombre est porté à six. »

Il s'ensuit qu'un membre désigné par l'arrêté conjoint des ministres ayant dans leurs attributions la Sécurité sociale et la Santé, dont aussi le président, et un membre désigné par le conseil d'administration de la Caisse nationale de santé doivent être présents pour

délibérer valablement, si au moins cinq ou six de ses membres sont présents.

Lors de la dernière réunion du 23 mars 2022, la présidente, le représentant du Ministère de la Santé ainsi qu'un membre du conseil d'administration de la Caisse nationale de santé étaient présents, de sorte que la Commission de nomenclature aurait pu délibérer valablement.

De plus, l'article 5, alinéa 3 prévoit ce qui suit lorsque la commission n'est pas en nombre pour délibérer valablement :

« Dans ce cas, il convoque, dans un délai de huit jours, la commission avec le même ordre du jour en respectant le délai prévu à l'article 2, alinéa 3. La commission siège alors valablement quels que soient le nombre et la qualité des membres présents. »

Toutefois, comme indiqué en amont, une base légale pour l'utilisation d'un appareil IRM en dehors d'un site hospitalier n'existe pas - au contraire, la loi hospitalière prévoit que l'utilisation d'un appareil IRM doit avoir lieu sur un site hospitalier - de sorte qu'une éventuelle intégration des actes proposés dans la nomenclature des médecins soulève de nouvelles questions de légalité en la matière.

Ainsi, indépendamment du cadre déterminant le fonctionnement de la Commission de nomenclature, la question de l'introduction de nouveaux actes dans la nomenclature des médecins et médecins-dentistes, pour que les frais directs et indirects d'acquisition, d'installation et d'utilisation des équipements et appareils lourds visés, réservés au domaine hospitalier, ne peut pas se substituer à la question du cadre légal en la matière qui doit être bien défini en amont d'une quelconque tarification.

C'est pourquoi le Ministère de la Santé est en train de finaliser un avant-projet de loi ayant pour but d'apporter les adaptations nécessaires au cadre légal en la matière. Cet avant-projet de loi a globalement pour objectif de favoriser davantage la prise en charge ambulatoire des patients.

**Question 5991** (28.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant le **piège à tortue** :

Am Naturschutzgebiet „Haff Réimech“ goufen am Waasser Këschten opgestallt. Et handelt sech heibäi ëm Schildkrötefalan, mat deenen d'Déieren agefaange ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Wat gëtt mat de Schildkröte gemaach, déi um Haff Réimech agefaange ginn? Stëmmt et, dass dës Déieren dout gemaach ginn?

2. Wéi vill Schildkröte goufe bis elo gefaangen a wéi vill goufen der dout gemaach?

3. Wéi vill Schildkröte befannen sech aktuell um Site?

4. Op wéi engem anere Plätzen hei Land kommen dës Falen zum Asaz?

**Réponse** (12.05.2022) de **Mme Joëlle Welfring**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. Hei handelt et sech ëm d'Deckelsmouk Trachemys scripta, déi laut dem Artikel 4 vum Règlement (UE) N° 1143/2014 du Parlement européen et du Conseil du 22 octobre 2014 relatif à la prévention et à la gestion de l'introduction et de la propagation des espèces exotiques envahissantes op der EU-Lëscht vun den invasiven exoteschen Aarte steet. Bei den Déieren um Haff Réimech ass dovun auszegoen, dass se vu Privatleit ausgesat goufen, déi d'Déieren net méi doheim konnten oder wollten halen.

D'EU-Memberstaaten hunn d'Obligation, fir Aktiounen géint déi Aart ze ergräifen, well se schiedlech ass fir d'Flora an d'Fauna. Dës Aart ass net nëmme weinst dem Problem vun der Konkurrenz mat eenheemeschen Deckelsmouke geléicht ginn (wat hei ze Lëtzebuerg kee Problem ass, well déi eenzeg eenheemesch Deckelsmoukenaart, déi europäesch Sumpfschildkröte (Emys orbicularis), zu Lëtzebuerg leider schonn ausgestuerwen ass), mee och weinst dem Prädationsverhalten op kleng Wirbelloser wéi och Wirbeldéieren, z. B Amphibie wéi de Kammolch, deem am Haff Réimech virkënn. De Kammolch ass eng bedroten Aart zu Lëtzebuerg a laut der europäescher Flora-Fauna-Habitat Richtlinn an och der nationaler Gesetzgebung streng geschützt. Dem Kammolch säin lwwerlieue gëtt duerch déi ausgesaten Déiere bedrot, well dës Deckelsmouk deem säin Nowues, d'Kauzekäpp, ësst an och säi Liewensraum bedrot. En plus ass d'Deckelsmouk Trachemys scripta ee bekannte Reservoir vu Salmonella, déi fir de Mënsch geféierlech sinn.

Fir d'Gestiounsmesure besser ze encadréieren (Artikel 19, EU-Reglement N° 1143/2014) huet Lëtze-





buerg decidéiert, fir een Aktiounsplang auszeschaffen, an huet eng Consultation publique gemaach am Kader vum Artikel 4 vun der Loi du 2 juillet 2018 concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n° 1143/2014 du Parlement européen et du Conseil du 22 octobre 2014 relatif à la prévention et à la gestion de l'introduction et de la propagation des espèces exotiques envahissantes.

Am Ausland gëtt déi Problematik scho méi laang behandelt an et gëtt verschidde Beispiller. D'Methode variéieren, wat d'Fänken (z. B. verschidde Typpe vun Netzer) awer och d'Eliminatioun (schéis-sen, afréieren asw.) ugeet. Et gëtt och Plazen, wou Sanctuaire gemaach gi sinn, fir vereenzelt Deckels-mouken ze halen.

No Concertatiounen tëschent dem Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, der Natur-verwaltung an der Veterinärverwaltung ass gekuckt ginn, wat fir Lëtzebuerg déi beschd déieregerecht Method wär.

Alternative sinn ageschat (z. B. schéissen als ze geféierlech, afréieren als net déireschutzgerecht) an ecartéiert ginn. D'Deckelsmouken an engem Sanctuaire ze hale war och am Gespréich. Mee well datt et der vill sinn an déi Déieren iwwer 30 Joer liewe kënnen, wier et net méiglech, eng Plaz ze fan-nen oder ze schafen, wou Honnerten Deckelsmouke bis un d'Enn vun hirem Liewe kéinte sécher an déie-regerecht gehal ginn. Dofir gouf och dës Alternative net zeréckbehalen. D'Méiglechkeet, dass eng Flee-gestatioun eng (limitéiert) Kapazitéit huet, fir Deckelsmouken opzehuelen, besteet och, dëst awer haaptsächlech fir déi Déieren, déi d'Privatleit ofginn an zu deenen eng emotional Bindung besteet.

D'Fänkmethode vun enger schwammender Plattform an duerno d'Aschléieren ass zeréckbehal ginn. D'Aschléifere gëtt vun engem Veterinaire duerchge-fouert.

ad 2. Sait 2018 sinn 73 Deckelsmouke gefaange ginn; 72 dovun goufen euthanaséiert, eng ass een natierlechen Doud gestuerf.

ad 3. Et gëtt keng wëssenschaftlech Etüd iwwer d'Gesamtpopulatioun vun Deckelsmouken um Site.

ad 4. De Moment si soss néierens Falen am Asaz. Et ass awer virgesinn, Falen op aner héich prioritär Plazen ze setzen (z. B. an Naturschutzgebitter an do wou prioritär Aarten duerch d'Deckelsmouke be-drot sinn).

**Question 5992** (28.03.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant le **chantier sur le viaduc de la Sûre** :

D'Tréierer Autobunn (A1) stellt déi wichtegst Ver-binding am Stroosseverkéier tëschent Däitschland a Lëtzebuerg duer. Aktuell gëtt de Verkéier op der Grenzbréck (Sauerdallbréck) op der Spuer Richtung Lëtzebuerg duerch Stroosseschied beanträchtegt an d'Vitess ass op 50 Stonnekilometer limitéiert. Betreffen Autoschaufferen, déi dës Streck reegel-méisseg benotzen, schwätzen awer dovun, datt d'Bauaarbechten, fir déi entsprechend Schied ze behiewen, offenbar nach guer net ugefaangen hätten.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Ver-keiersminister gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister matdeelen, vu wéini bis wéini déi beschriwwe Beanträchtegungen op der Sauerdallbréck viraussichtlech wäerten daueren?

2. Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Gefie-rer duerchschnëttlech pro Dag vun dëse Beanträch-tegunge beträff sinn, opgeschlësselt no Autoen, Camionen a grenziwwerscheidende Buslinnen?

3. Kann den Här Minister matdeelen, ëm wéi eng Zort vu Schied et sech handelt, déi zu deene be-schriwwene Moosssname gefouert hunn?

4. Kann den Här Minister déi Aussoe bestätegen, datt d'Bauaarbechten nach net ugefaangen hunn ? Falls jo, kann den Här Minister preziséieren, wéi dës Decisioun motivéiert ass a wéini se viraus-sichtlech solle lassgoen?

5. D'Chauffere ginn um betroffene Streckenab-schnitt duerch reegelméisseg Radarskontrollen, déi och op den elektroneschen Unzeigetafelen an-noncéiert ginn, zum Respekt vun der Vitesslimitt ugehalen. Trotzdeem gouf um Enn vum betroffenen Abschnitt eng héich Buedemwell installéiert, déi dozou zwéngt, nach eng Kéier wäit ënnert déi virge-schriwwe 50 Stonnekilometer ofzebremsen, fir direkt hannendrun op Autobunnsvitess ze beschleu-negen, wat zu engem immens ineffikassen Energie-verbrauch féiert. Kann den Här Minister matdeelen, wéi d'Installatioun vun dëser Buedemwell moti-véiert war a wéi sech déi beschriwwe Konsequenze mat där vun der Regierung propagéierter Klimapolit-ik verdroen?

**Réponse** (10.05.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. D'Beanträchtegung vum Verkéier op dem Viaduc Sernigerbaach (OA1134) gëtt et säit Okto-

ber 2021 a wäerten, bis dass de Chantier Enn September 2022 ofgeschloss ass, undauern.

ad 2. Am Duerchschnëtt fueren op dëser Plaz zënter dem Ufank vun de Problemer am Oktober 2021 pro Dag eng ronn 6.700 Autoen an 1.600 Transporter, dovunner 44 grenziwwerscheidend Busser a Richtung Lëtzebuerg.

ad 3. Et handelt sech ëm e Schued un der Deenungsfou, spréich dem Iwwergang tëscht der Bréck an dem weideren Autobunnsofschnëtt, wou ee Stéck vun dëser Fou erausgebrach ass.

ad 4. D'Aarbechten hunn effektiv nach net ugefaangen, et goufe bis elo just déi drénglech noutwen-deg Moosssnamen zum Erhale vun der Verkéierssé-cherheet ergraff, dat duerch d'Opstelle vun engem sougenannte „fly-over“. Entsprechend dem aktuelle Planning wäerten d'Aarbechten nom Kollektivcongé am Summer starten an ongeféier e gudde Mount un-dauern, soudass d'Aarbechte viraussichtlech Enn September 2022 ofgeschloss kënnen ginn.

ad 5. Déi installéiert Konstruktioun déngt der Iwwer-bréckung vum beschriwwene Schued an dem Erhale vun zwou Fuerbunnen op der Autobunn. Wéi den honorabelen Deputéierte richteg erkennt, ass dëst natierlech mat enger Reduktioun vun der Vitess an engem spéidere Beschleuneg vum Chauffeur verbon-nen. Wéi dem honorabelen Deputéierte sécherlech bewosst ass, geet et hei awer ëm d'Sécherheet vum Chauffeur, déi natierlech hei absolutt Prioritéit huet.

**Question 5994** (29.03.2022) de **MM. André Bauler** et **Gilles Baum** (*DP*) concernant la **pénurie de médecins pédiatres** :

Il est un secret de Polichinelle que le pays souffre actuellement d'un déficit de pédiatres si bien que, face à une croissance démographique tangible, les délais d'attente des patients concernés vont crois-sant dans bien des cas.

Voilà pourquoi nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche :

1) Combien de médecins pédiatres exercent actuel-lement au Luxembourg? Combien d'entre eux tra-vaillent dans des hôpitaux en y étant affectés de manière stable?

2) Comment la démographie médicale se présente-t-elle à l'heure qu'il est en précisant tout particuliè-rement le nombre d'étudiants en pédiatrie inscrits dans des universités à l'étranger ou à l'Université du Luxembourg?

3) Madame la Ministre peut-elle quantifier les be-soins en soins pédiatriques d'ici fin 2025? Combien de médecins spécialisés seront requis pour y ré-pondre dans de bonnes conditions?

**Réponse commune** (03.05.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche* :

ad 1) Selon le Registre professionnel du Ministère de la Santé, 123 médecins spécialistes en pédiatrie exercent actuellement au Luxembourg dont 94 tra-vaillent dans des hôpitaux.

ad 2) Actuellement, l'Université du Luxembourg n'offre pas de formation de spécialisation en méde-cine dans le domaine de la pédiatrie. En effet, la loi du 31 juillet 2020 portant organisation d'études spécialisées en médecine à l'Université du Luxem-bourg prévoit dans sa mouture actuelle uniquement des programmes d'études menant au diplôme d'études spécialisées en médecine dans les do-maines de la neurologie, de l'oncologie et de la mé-decine générale.

Concernant la poursuite de telles études à l'étran-ger, il y a lieu de signaler que la base de données relative aux aides financières pour études supé-rieures ne distingue pas parmi les bénéficiaires de cette aide entre les différentes spécialités médi-cales suivies par les étudiants.

Par conséquent, des chiffres tangibles concernant le nombre de médecins en voie de formation rési-dents poursuivant une spécialisation en pédiatrie ne sauraient être fournis.

ad 3) L'étude « État des lieux des professions médi-cales et des professions de santé au Luxembourg » réalisée par Marie-Lise Lair prévoit les départs pré-visibles avec hypothèse de départ en pension à 65 ans suivants :

- 2022 : 4  
- 2023 : 2  
- 2024 : 1  
- 2025 : 3

En matière de besoins en soins pédiatriques, les départs ci-dessus devront au moins être remplacés.

Il reste à noter que parallèlement à la prise en charge par les médecins spécialistes en pédiatrie, le médecin généraliste joue également un rôle essentiel dans la prise en charge des enfants.

**Question 5997** (30.03.2022) de **Mme Martine Hansen** et **M. Jean-Paul Schaaf** (*CSV*) concernant la **démolition de la gare d'Ettelbruck** :

Engem RTL-Bericht no goufen d'Ofrappaarbechte vun der Ettelbrécker Gare en Dënschdeg mat „effet im-médiat“ op Uerder vum Ëmweltministère gestoppt. Begrënt gëtt dës Decisioun mat Schmue-belnäschter, déi während der Reproduktionszäit zer-stéiert géifen. Doriwwer eraus géifen och aner Déierenaarte gestéiert an et géif och un der néideger Autorisatioun feelen, fir d'Aarbechten duerchzeféie-ren, heescht et weider.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohal-teg Entwécklung an un den Här Minister fir Mobili-téit an Infrastrukture stellen:

1. Kënnen d'Madamm an den Här Minister de Bau-stoppe an och déi genannte Begrënnung fir de Bau-stoppe confirméieren?

2. Wéi erklären d'Madamm an den Här Minister de Mangel u Koordination bei der Gestiouen vun engem fir déi ëffentlech Mobilitéit sou wichtege Chantier wéi dee vun der Ettelbrécker Gare?

3. Wéi eng Mesurë ginn envisagéiert, fir den Zäit-plang vum Bau vun der multimodaler Plattform ron-derëm déi al Ettelbrécker Gare anzehalen?

4. Kann deen Zäitplang net agehale ginn, ëm wéi vill Méint verlängere sech dann d'Aarbechten?

5. Wéi ass den eventuelle Retard vum Chantier vun der Ettelbrécker Gare mat de Bestriewung vum der Regierung kompatibel, den ëffentleche Verkéiersre-seau méiglechst séier ze moderniséieren, fir méiglechst séier méi Leit vum Auto op den ëffent-lechen Transport ze kréien?

6. Wéi eng Moosssname gedenken d'Madamm an den Här Minister ze huelen, fir an Zukunft bei (staatleche) Chantieren ze verhënnere, dass den Ëmweltministère den Infrastrukturministère oder och anere Ministère blockéiert?

**Réponse commune** (18.05.2022) de **Mme Joëlle Welfring**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, et de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. Mir verweisen bei dëser Fro op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 6003.

ad 2. Bei dësem Projet, sou wéi bei all anerem Pro-jet, gëtt natierlech ëmmer versicht, datt d'Aarbechte wéi geplangt an nom Planning kënnen ausgefouert ginn. Eng vun de Viraussetzungen, grad bei engem Chantier wéi deem vun der Ettelbrécker Gare, ass, dass déi verschidden Autoritéite Récksprouch ma-eneen huelen. Dofir ass och ee Comité de pilotage gegrënt ginn, an deem déi verschidden zoustän-neg Acteure vun der Stroossebauverwaltung, der CFL, der Verwaltung fir ëffentlech Bauten an der Gemeng Ettelbréck dra vertruete sinn. Dëse Comité ass ënnert anerem dofir zoustänneg fir d'Aarbech-ten ze koordinéieren a festzeleeë wie wéini wat mécht. Leider sinn d'Contrainten, déi mat enger lafender Groussbaustell verbounne sinn, fir d'Aar-bechte kontinuëerlech weider ze féieren, net ëm-mer kompatibel mat der Beaarbechtung vu Genee-megungsdossieren, déi och Zäit an Usproch hält.

ad 3. + 4. De Chantier war vum 29. Mäerz bis den 12. Abrëll 2022 gestoppt. Dësen Arrêt während eelef Schaffdeeg huet keen Impakt op den aktuelle globale Planning vum Amenagement vun der multi-modaler Plattform ronderëm d'Ettelbrécker Gare.

ad 5. D'Phas vun den Aarbechte souwéi den all-gemengen Zäitplang sinn den 3. Mäerz 2022 virge-stallt ginn. D'Stroossebauverwaltung an d'CFL schaffen enk zesummen, fir den Zäitplang fir dëse grouse Projet maximal ze optimiséieren. D'Fäer-degstellung vun dësem Pôle multimodal wäert nach e puer Joer daueren, mee verschidden Ele-menter vun dësem Projet si schonn ofgeschloss (nei Bréck Patton) an anerer wäerten et deem-nächst sinn (Eisebunnsinfrastruktur, Accès op d'Quaien). Jidder fäerdeg gestalten Element dréit säin Deel zur Verbesserung vun der Mobilitéit bäi.

ad 6. De Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung blockéiert keng aner Ministèren, mee setzt déi Gesetzer ëm, déi a seng Attributiounen falen an déi d'Chamber als Legislatuer gestëmmt huet. Déi zoustänneg Stelle fir Infrastrukturproje-ten, wéi d'CFL, wäerten am enke Kontakt bleiwen mat de Verwaltungen, déi dem Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung ënnerstallt sinn, fir déi géigesäitig Erwaardungen (Fisten, Ausgläich-moosssnamen, asw.) besser ze definéieren, an dëst scho méi fréi am Laf vum Projet.



**Question 5999** (30.03.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **flotte automobile de la po-lice** :

An der parlamentarescher Fro N° 5749 vum 11. Februar 2022 hunn ech mech iwwert déi néi Acqui-sitioun bei der Police informéiert.

An der Äntwert vum Ministère gouf iwwert d'Elektro-mobilitéit, den CO<sub>2</sub>-Ausstouss an déi zousätzlech bestallten Optiounen Auskunft ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1. Wéi vill Euro huet de Ministère säit 2017 pro Joer an d'Elektromobilitéit investéiert? Wéi stinn des In-vestitiounen prozentual zum Total vun de järelechen Depensen?

2. Firwat sinn nëmmen 30 % vun de Kommissaria-ter mat Elektrobornen équipéiert?

3. Gëtt et ee konkreete Plang bei der Police, wéi een ee méi héijen Taux un Elektrobornen an noer Zukunft realiséiert?

Wa jo, bei wéi vill Prozent géif deen Taux bei Erfël-lung vum Plang leien a bis wéini? Wéi vill Schnell-luetstatiounen falen hei drënner?

4. Wéi vill Autoen (opgelëscht no Euro-Norm) ëm-faasst déi gesamt Policeflott?

Wéi vill dovunner sinn elektresch Autoen?

Wéi vill vun den elektreschen Autoen hunn eng Leeschtung vu manner wéi 18 kWh a wéi vill vu méi wéi 18 kWh?

5. Wéi vill CO<sub>2</sub>-Emissiounen kéinte pro Joer duerch d'Ersetze vun de 96-Euro-5-Norm-Autoen duerch d'Euro-6-Norm-Autoen agespuert ginn?

Wéi vill CO<sub>2</sub>-Emissiounen verursaacht déi ganz Po-liceflott pro Joer?

**Réponse** (03.05.2022) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1. Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5749 uginn sinn d'Police an de Minister fir bannenzeg Sécherheet beméit fir den ekologe-schen Impakt vun der Police ze minimiséieren.

De Ministère fir bannenzeg Sécherheet huet aktuell just Plugin-Hybrid-Autoen an d'Police esouwéi d'IGP gräfen zum Deel op d'„mobilité électrique“ zeréck. De Ministère fir bannenzeg Sécherheet huet fir de Ministère, d'Police an d'IGP folgend Investis-sementer an Elektro an Hybrid-Mobilitéit gemaach:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration par-lementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - re-chercher n° de la question*).

ad 2. + 3. Aktuell sinn nëmmen déi Gebailechkeete vun der Police mat Elektrobornen équipéiert, deenen elektresch Gefierer zougedeele gi sinn. Dëst evitéiert et, ënnert anerem, onnéideg Käschten ze verursaachen.

Bei all gréisser Renovatioun oder Neibau vu Gebaier, gëtt an enker Zesummenaarbecht mat de Partnerverwaltungen, notament der Verwaltung fir ëffentlech Bauten, versicht de Bau esou ze plangen, dass d'Infrastrukture prett sinn, fir Elektro-bornen ze integréieren.

Et ass aktuell net méiglech, ee genauen Taux un zukünftegen Elektrobornen ze nennen.

ad 4. D'Flott vun der Police ëmfaasst an der Kate-gorie „Auto“ aktuell 634 Gefierer:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration par-lementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - re-chercher n° de la question*).

ad 5. D'Differenz vum Duerchschnëttsverbrauch tëscht de neie Police-Autoen an deenen, déi se er-setzen, beleeft sech op 0,8 l/100 km. Den CO<sub>2</sub>-Ausstouss gëtt an dësem Fall ëm ronn 11 % reduzéiert.

Déi ganz Policeflott huet am Joer 2021 eng Mass vun 2.098 Tonnen CO<sub>2</sub> produzéiert.

**Question 6003** (30.03.2022) de **M. André Bauler** (*DP*) concernant la **démolition de la gare d'Ettel-bruck** :

An der Press stoung ze liesen, datt d'Ofrappe vun der Ettelbrécker Gare gestoppt ginn ass wéinst de Schmuebelen, déi de Moment do bréien.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Wéi ass et méiglech, datt eréischt elo erkannt gouf, datt et an der aler Gare Schmuebelsnäschter gëtt?

2. Wéi vill Näschter sinn hei beträff?

3. Wéi laang wäert et lo daueren, bis datt de Chantier weidergeet?





4. Sinn nach aner Déiere vun dëser Ofroppaktioun betraff?

**Réponse** (04.05.2022) de **Mme Joëlle Welfring**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. Am Mee 2021 huet den zoustännege Fierschter d'CFL op d'Präsenz vun Näschter vun Hausschmuebelen (hirondelles des fenêtres, delichon urbica) um Gebäi vun der aler Gare opmierksam gemaach. Insgesamt fënnt sech eng ganz Kolonie vun Hausschmuebele ronderëm d'Gare. Et handelt sech bei Hausschmuebelen ëm „espèces protégées particulièrement“, fir déi den Erhaltungstatus als net favorabel agestuuft gouf, sou dass déi Aarten engem strenge Schutzstatus ënnerleien. Well et sech bei deenen Näschter um Gebai ëm een essentielle Reproduktiounssite vu geschützten Aarten no Artikel 21 vum modifizierten Naturschutzgesetz handelt (loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles), duerfen déi Näschter eréischt ofgerappt ginn, wann Ersatzmoosssname geschaaft goufen.

No engem Austausch tëschent der Naturverwaltung an dem Bauhär, huet de Bauhär een Dossier mat Propose vu Moosssnamen, déi déi dauerhaft ökologesch Funktionalitéit garantéiere sollen (sougenannten CEF-Mesuren), opgestallt an eng Demande fir eng Derogatioun no Artikel 27 vum modifizierten Naturschutzgesetz am November 2021 eragereecht.

ad 2. Am Juli 2021 huet eng ornithologesch Expertise 36 occupéiert Näschter un der Fassad vun der Ettelbrécker Gare festgestallt.

ad 3. Den 29. Mäerz 2022 koum et zu engem Baustopp, nodeems de Bauhär d'Aarbechten ugefaangen huet, ier eng Autorisatioun virlouch, déi all d'Konditioune kadréiere sollt. De Baustopp gouf den 12. Abrëll 2022 opgehuewen, nodeems déi néideg Derogatioun virlouch, d'Ersatzmoosssname realiséiert, vum zoustännege Fierschter a vun engem Expert receptionéiert goufen. Dës ginn och weiderhi suivéiert.

ad 4. Eng Präsenz vun Hausspatzen (passer domesticus) gouf am Juli 2021 dokumentéiert. Dëst gouf an der Derogatioun consideréiert. Weider Präsenze vun „espèces protégées particulièrement“, déi ënner den Artikel 21 vum Naturschutzgesetz falen, goufen um Zäitpunkt vun den Etüden net festgestallt.

**Question 6004** (30.03.2022) de **Mme Carole Hartmann** et **M. Max Hahn** (*DP*) concernant le **Park & Ride à Wasserbillig** :

Et ass eis zu Ouere komm, dass de Projet vum neie P&R zu Waasserbëleg bei der Gare vun de CFL virleefeg gestoppt gi wier, an dass de Projet nei geplangt soll ginn. Den Haaptgrond fir dëse Schrott wier virop déi rezent Präisexplosioun, ënner anerem beim Baumaterial.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Ass virgesinn, déi fräi Fläch, déi duerch d'Demolitioun vun de fréieren Atelieren entstanen ass, bis zur Realiséierung vun engem neie Projet als Parkraum ze notzen?

2. Gëtt et Gespréicher mat den däitschen Autoritéiten, fir och d'Parkméiglechkeeten op däitscher Säit auszubauen, notament bei den Zuchgaren direkt hannert der Grenz?

3. Gëtt et aner Projekte vun der CFL, déi weinst der Präisdeierecht mussen nei geplangt oder ofgeännert ginn?

**Réponse** (11.05.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. Et ass effektiv virgesinn, um Areal vum fréieren Atelier CFL, ee provisoresche Parking vun zirka 40 Parkplazen ze schafen. Dës wäerte fir d'Rentrée am September 2022 disponibel sinn.

ad 2. Am Kader vun der Reaktivatioun vun der Weststrecke Tréier wollt d'Land Rheinland-Pfalz zousätzlech Park & Ride-Plaze bei den Arrête vun Ehrang, Römerbrücke Trier-West an Euren schafen.

ad 3. Nee, et gëtt keng aner Projekte vun de CFL, déi nei geplangt oder ofgeännert musse ginn.

**Question 6005** (30.03.2022) de **MM. André Bauler** et **Max Hahn** (*DP*) concernant l'**abandon des déchets sauvages dans la nature** :

Ëmmer nees gesäit een an der Natur Plazen, op deenen Dreck ofgelagert gouf. Dat geet vu Bauschutt, iwwer al Miwwelen a Géigestänn bis iwwer organesch Offäll.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Ëmweltministesch eis soen, wéi vill där Fäll an de leschte fënnef Joer entdeckt goufen?

2. Gëtt et an där Problematik regional Ënnerscheeder?

3. A wéi ville Fäll konnten d'Auteure vun dësen Delikter identifizéiert ginn?

**Réponse** (03.05.2022) de **Mme Joëlle Welfring**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. Verschidden Instanze kënnen intervenéieren, wann an der Natur illegal Offall ofgelagert gouf. Nieft der Ëmweltverwaltung sinn och d'Police an d'Douane autoriséiert, Verstéiss géint d'Bestëmmunge vum modifizierten Offallgesetz vum 21. Mäerz 2012 ze ënnersichen an ze notéieren. Weiderhi gëtt den Artikel 20§5 vum genannten Offallgesetz de Gemengen d'Responsabilitéit fir d'Kollekten an d'Behandlung vun Hausoffäll, hausoffallänlechem Offall a Sperrmüll, déi sech op eng onkontrolléiert Aart a Weis op hirem Territoire erëmfannen. Eng Ausnam ass hei virgesinn, fir wann Offäll sech laanscht Stroosse befannen, fir där hiren Entretien d'Stroossebauverwaltung zoustänneg ass.

Wann et sech ëm illegal deposéierten Offall an der Gréngzon handelt, kann och d'Naturverwaltung verstännegt ginn. Laanscht d'Gewässer ass d'Waasserwirtschaftsamt zoustänneg. Genee Zuele leie leider net vir.

Wat déi méi kleng Quantitéite vun Offall an der Natur ugeet, de sougenannte Littering, deen awer mengem Verständnis no net vun dëser Fro viséiert war, mécht d'Ëmweltverwaltung reegelméisseg Analysë fir ze bestëmmen, wéi eng Zorten Offall an der Natur landen. D'Resultater aus dësen Etüden erméiglechen et dann, geziilt Mesuren ze ergräifen, wéi zum Beispill déi verschidde Sensibilisatiounscampagnen déi an de leschte Jore gemaach goufen. Esou Studie sinn an de Joren 2008 an 2015 gemaach ginn. Déi detailléiert Resultater fënnt een hei: <https://environnement.public.lu/fr/offall-ressourcen/types-de-dechets/Littering.html>. Et ass geplangt, nach dëst Joer eng weider Etüd ze maachen.

ad 2. Dozou ginn et keng Informatiounen.

ad 3. Dozou ginn et keng Informatiounen.

**Question 6006** (31.03.2022) de **M. Max Hahn** (*DP*) concernant les **couloirs bus bidirectionnels** :

Mam Zil, d'Stroossen an a ronderëm d'Stad an de Spëtzenzäiten ze entlaaschten an dem ëffentlechen Transport Prioritéit ze ginn, ass geplangt, op zwou Plazen am Land eng bidirektionel Busspuer ze schafen.

Sou ass virgesinn, op der N11 tëscht Gonnereng an dem Waldhaff an op der N7 am Eecher Bierg eng Spuer ze amenagéieren, op där de Bus moies an déi eng an owes an déi aner Richtung fuere kann.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Wéi wäit sinn d'Aarbechten un den zwou genannte Busspueren?

2. Kann den Här Minister Detailer zur konkreeter Ëmsetzung ginn?

3. Bis wéini kéinten déi zwou Busspuere fir den Trafic opgoen?

4. Op wéi engen anere Plaze sinn änlech Projeten ugeduecht?

**Réponse** (17.05.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1. De Projet vun enger variabler Busspuer op der N7 am Eecherbierg huet sech als net realisierbar erweisen a gouf dowéinst am Groupe de pilotage „Couloirs bus“ vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten am September 2021 net zeréckbehalen. Hei soll elo eng classesch Busspuer geplangt ginn. D'Machbarkeetsstudien hunn op dëser Plaz och rezent ugefaangen.

Wat d'variabel Busspuer op der N11 tëschent dem Waldhaff a Jonglënster ubelaangt, ass de Projet vun der Busspuer an dräi Sektioneen ënnerdeelt ginn:

1. Ëmgestaltung vun der Kräizung N11/CR126 um Waldhaff

D'Etüd fir d'Ëmgestaltung vun der Kräizung N11/CR126 ass ofgeschloss. De Projet gesäit eng median Busspuer um Waldhaff mat Prioriséierung fir de Bus duerch eng Liichtsignalanlag vir. Des Weidere ass eng Beschleunegungsspuer op der N11 a Richtung Lëtzebuerg vum CR126 aus command am Projet integréiert.

Déi néideg Autorisatiounen zur Realisatioun vun dësem Projet stinn awer nach aus, well de globalen Impakt op d'Natura-2000-Zon vum Gréngwald weinst dëser Sektoun vum Projet nach muss studéiert ginn.

2. Sektoun Echangeur Waldhaff bis Kräizung N11/CR126 um Waldhaff

D'Etüd fir den detailléierte Virprojet vun der Sektoun Echangeur Waldhaff bis op d'Kräizung N11/CR126 mat der Lénksobéispuer fir de Bus op déi südlech Opfaart vun der A7 ass gutt fortgeschrott. Zesumme mat der Waasserverwaltung gouf en Entwässerungsprinzip an de Waasserschutzzonen opgestallt, wat an de Projet afléisse konnt. Follgend kënnen och deemnächst d'Demandë fir d'Autorisatiounen un d'Waasserverwaltung an un d'Naturverwaltung gestallt ginn. Den Dossier vun der Liichtsignalanlag gëtt aktuell nach studéiert.

3. Sektoun Kräizung N11/CR126 um Waldhaff bis an d'Entrée vu Gonnereng

D'Etüde fir d'Ausschaffe vun engem detailléierte Virprojet si lancéiert.

ad 2. Déi geplangte median bidirektionel Busspuer tëschent Gonnereng an dem Echangeur Waldhaff op der N11 beleeft sech op eng Gesamtlängt vu ronn 5,75 Kilometer. Op bal der ganzer Längt vum Projet verleeft d'N11 duerch d'Habitatzon Natura 2000 vum Gréngwald an zum Deel duerch Quellschutzzone vum Anzuchsgebit vum der Stad Lëtzebuerg.

Fir déi geplangte median Busspuer ze realiséieren, muss d'N11 lokal ëm eng Spuer verbreet ginn, wouduerch op deene Plazen de Rampli muss nei befestegt an d'Entwässerung séchergestallt ginn. Fir den Impakt op de Flächeverbrauch vum Gréngwald zu minimiséieren, gëtt e verstärkte Remblais mat „terre armée“ hiergestallt, wat et méiglech mécht, den neie Rampli esou kuerz wéi méiglech ze halen an ze begréngen. Déi néideg Entwässerungsmoosssname wéi oppe Grief a Réckhaltebecke gi mat der Waasserverwaltung an der Planungsphas vum Projet ofgekläert.

Fir d'Busspuer median bidirektional op der N11 ze bedriewen (moies a Richtung Echangeur Waldhaff an owes a Richtung Gonnereng), brauch et eng dynamesch Gestiou vun de Spueren, an d'Buschaufferen an d'Automobiliste mussen entsprechend Informatiounen duerch ee System vun enger „Ouverture de voie“ an déi aktuell Richtung vun der Busspuer matgedeelt kréien.

Dozou ginn a reegelméissegem Ofstänn Portiquë mat Liichtsignaler amenagéiert, déi a Funktioun vun der Verkéierssituatioun vum Centre de contrôle du trafic (CITA) ugesteiert ginn.

ad 3. Am Hibleck op de Fait, dass nach net all déi néideg Autorisatioune virleien, ass et mir net méiglech, ee genauen Datum betreffend d'Fäerdegstellung vum genannte Projet op der N11 ze nennen.

ad 4. De Groupe de pilotage „Couloirs bus“ vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten definiert, notament am Kontext vum Plan national de mobilité 2035, d'Besoinen un d'Infrastruktur an d'Mesuren, déi d'Fluiditéit an d'Effizienz vun Busverkéier erhéije kéinten. Zu dëse Mesurë gehéiert den Aménagement, wéi hei vum honorabelen Deputéierte beschriwwen. Esou een Aménagement ass awer bis ewell nach op kenger anerer Plaz konkret virgesinn.

**Question 6013** (01.04.2022) de **MM. André Bauler** et **Gilles Baum** (*DP*) concernant la **maternité au Centre Hospitalier du Nord** :

Eis ass zu Ouere komm, datt de Centre Hospitalier du Nord (CHdN) op sengem Ettelbrécker Site an den nächsten Deeg riskéiert, seng Maternité misse zouzemaachen, well kee Pediatre méi zur Verfügung ka stoen, sou wéi d'Spidolsgesetz et verlaangt, wann ee Kand op d'Welt kënt.

Et ass effektiv sou, datt bei enger Gebuert e Kannerdokter ganz kuerzfristeg muss verfügbar sinn, wann et zu onerwaarte Komplikatioune kënt, déi d'Gesondheet oder souguer d'Liewe vum Kand a Fro stelle kënnen.

Aus deem Grond wollte mir der Madamm Gesondheitsministesch folgend Froen dringend stellen:

- Stëmmt et, datt am CHdN um Site Ettelbréck net genuch Kannerdokteren de Moment disponibel sinn, fir en normalen Déngscht vun enger Maternité ze assuréieren?

- Wa jo, wat sinn d'Ursaachen dofir?

- Wéi héich ass de Risiko, datt d'Maternité an den nächsten Deeg muss zougemaach ginn, well déi gesetzlech virgeschriwwé Sécherheetsstandarden net méi garantéiert sinn?

- Sicht de Gesondheitsministère mat den zoustännegen Instanzen eng Léisung ze fannen, fir datt d'Maternité awer kann opbleiwen; zemoos wann ee bedenkt wéi wäit d'Leit aus dem Éislek oder dem Réidener Kanton fuere mussen, wa sech eng Gebuert méi séier ukënnegt wéi erwaart?

**Réponse** (03.05.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

D'Maternité vum CHdN huet effektiv op den 1. Abrëll 2022 seng Dieren temporaire missen zoumaachen, wëll kuerzfristeg zwee vun de véier Pédiateren, déi normalerweis ofwiesselnd d'Garde an der Maternité assuréieren ausgefall sinn. Dëst huet mat sech bruecht, datt de CHdN seng Obligatioun a Saache Garden, sou wéi d'Spidolsgesetz et virgesäit, net méi erfëlle konnt.

An Zesummenaarbecht mat der Direktioun vum CHL, dem Service national de néonatalogie intensive vum CHL an dem Gesondheitsministère huet d'Direktioun vum CHdN en globaalt Konzept ausgeschafft, fir d'Konformitéit mam Spidolsgesetz ze assuréieren esouwéi eng Prise en charge vun den Urgences néonatales. Zu dësem Zäitpunkt lafen nach weider Gespréicher wéi dëst Konzept um Terrain ëmgusat kann ginn. Soubal dëst Konzept ëmgusat ass, wäert d'Maternité vum CHdN seng Dieren och nees opmaache kënnen.

Während där Zäitspan, wou d'Maternité provisoresch zou ass, kënnen d'Fraen, déi an der leschter Phase vun hirer Schwangerschaft sinn, beim 112 uruffen, fir wann néideg op d'Déngschter vun enger Ambulanz zeréckzegraifen. De CHdN setzt sech ënnert anerem dofir an, dass all Asaz vum SAMU vun enger Hiefamm begleet gëtt.

D'Maternité vum CHdN betreit haaptsächlech Schwangerschafte mat engem nidderege Risikofacteur. Fir awer d'Sécherheet vun den Neigebuerenen ze assuréieren, gesäit deen neie Konzept verschidde Moosssname vir, vu dass trotzdeem eng Urgence kann optrieden.

**Question 6014** (01.04.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **chemins forestiers** :

Den Office national du remembrement huet de 17. Mäerz 2022 eng Ausschreiwung fir de Bau vu Bëschweeër zu Klierf publizéiert. Ufank Juli 2022 solle fir ronn 15 Wochen d'Bauaarbechte fir dëse Bëschwee vum 3,7 km ufänken. Laut Avis solle fir de Projet 1.400 Meterkaree u „géotextile“ a 1.350 Kubikmeter „matériaux pierreux de la région“ verbaut ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Handelt et sech beim Projet ëm e Bëschwee vum Profiltyp „plat“? Falls jo, wéi kann et sinn, dass bei enger Breet vu 3,50 m an enger Längt vum 3,7 km, 1.400 Meterkaree u „géotextile“ verbaut ginn?

2. An der parlamentarescher Fro N° 1272 gëtt dorop opmierksam gemaach, dass en onofhängege Büro den Impakt vun esou Projeten op d'Ëmwelt evaluéiert. Wäert d'Ministesch den Deputéierten Asiicht an dës Impaktstudie ginn?

3. Wéi héich sinn d'Käschte vun den 1.400 Meterkaree „géotextile“ an den 1.350 Kubikmeter „matériaux pierreux de la région“, déi fir de Bëschwee gebraucht ginn? Wou kommen dës Materialien hier?

4. Bëschweeër ginn oft en vue vu wirtschaftlechen Ureizer amenagéiert, ass dëst hei och de Fall? Falls jo, wat fir ee wirtschaftleche Gewënn gëtt sech duerch dësen zousätzleche Bëschwee an déi domadder erschléisste Gebidder erwaart?

5. Wéi ass dëse Projet, am Zesummenhang mat dem vum Ëmweltministère decidéierte Moratoire op nei Weeër duerch de Bësch ze verstoen? Handelt et sech bei dem betroffenen Ofschnëtt net ëm en ëffentleche Lafholzbësch?

**Réponse commune** (04.05.2022) de **Mme Joëlle Welfring**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural* :

ad 1. Et handelt sech bei der Phase 2 vum Remembrement „Clervaux“ ëm eng Opwärtung vu besteende Bëschweeër a Réckeweëër. Dobäi ginn déi besteond Weeër op enger Breet vun 3,5 m an op enger Déift vu 40 cm an d'Rei bruecht a stabiliséiert. Et handelt sech hei ëm e Profiltyp „plat“. „Plat“ heescht hei, dass de Wee flaach ass an dass d'Waasser mat enger liichter Pente mat 3 % vum Hang ewech offléisst. De Profiltyp huet näischt mam Coffrage ënnendrënner ze dinn. An der Soumissioun ass mol virgesinn, 1.400 m<sup>2</sup> Geotextill punktuell op bis zu enger Längt vun 350 m (= 1.400/4) nëmmen do anzebauen, wou et technesch gesinn erfuorderlech ass. Dës Quantitéit baséiert op Erfahrungswärter a kann nach variéieren.

ad 2. D'Impaktstudie vum Land (Februar 2013) a Bësch (Januar 2016) goufen nom „règlement grand-ducal du 7 novembre 2007 fixant le contenu, les conditions et les modalités de réalisation de l'étude d'impact prévue en matière de remembrement des biens ruraux“ opgestallt. Dem Gesetz no (loi du 25 novembre 2005 concernant l'accès du public à l'information en matière d'environnement) ass all Impaktetüd aus dem Emweltberäich fir de Public zougänglech.





ad 3. Et gëtt intern mat de Wäerter vun deene leschte realiséierte Phase geplangt. Déi Präisser sinn also geschat mat +- 2.100 € fir déi 350 m Geo-textill an +- 51.300 € fir d'Gestengs. Do wären d'Four-nituren an d'Abaue mat dran. Déi 1.350 m³ Gestengs si fir +- 1,5 km Wee virgesinn. Natierlech kënnen dës Montanten an der aktueller Soumissioun nach variéieren, well jo verschidde Präisser ugezunn hunn.

D'Gestengs ka vun enger Carrière, Chantieren oder dem Entrepreneur sengem eegenen Dépôt kommen. Och recycléiert Material ass méiglech. Et däerf net kontaminéiert sinn a muss geologesch identesch mat dem Ënnergrond vun der Plaz, wou et agebaut gëtt, sinn.

ad 4. De Bëschremembrement zu Klierf ass een Deel (175 ha) vun engem Land-Bëschremembrement (Total vun 800 ha), deem am Kader vum Bau vun der Transversale Maarnesch-Klierf opgestallt gëtt. De Staat kritt iwwer de Remembrement de Couloir fir seng Umgeungsstrooss, am Géigenzuch investéiert hien an d'Infrastruktur vun der Land- a Bëschwirtschaft, fir de liichte Flächeverloscht duerch eng Produktivitéitserhéijung ze kompenséieren. Gläichzäiteg gëtt awer och ekologesch opgewäert. D'wirtschaftlech Plus-value fir de Kanton an d'Besëtzer ass de Fait, dass d'Mobilitéit am Bësch vereinfacht gëtt (Spadséierweeër, Mountain-biking, Transport a Beweegung vun de Bëschmashinnen) an och exklusiv op déi Weeër drainéiert gëtt. Den Aarbechtsopwand gëtt substanzuell verkierzt. D'Bëscher gi reegelméisseg an d'Rei bruecht, hiren Zoustand verbessert sech, a grouss Coupé kënnen evitéiert ginn. D'Exploitioun gëtt vereinfacht, d'Holzverwäertung rentéiert sech och fir méi kleng Quantitéiten, a krank Beem kënnen méi séier ersat ginn. De geneeë Montant vun der Plus-value hänkt dann natierlech och vum aktuellen Holz- an Energiepräis of (Diesel asw.).

ad 5. De Moratoire op nei Bëschweeër concernéiert nëmmen déi ëffentlech Lafholzbëscher. An därser Phase 2 ass just een neien einfache Réckewee mat enger Breet vun 3 m op enger Längt vun 150 m virgesinn (lieu-dit Geeschtert). De Gros vun därser Phase 2 (3,55 km) existéiert also haut schonn. Den Deel „Klausbiërg“ ass effektiv ëffentleche Bësch, mee do gëtt op engem stabille Wee just déi iewescht Couche an d'Rei bruecht, also keen neie Wee.

**Question 6015** (01.04.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **vêtements éco-responsables** :

D'Textil- an d'Kleederbranche stellen eng héich globaliséiert a lukrativ Industrie duer, déi vill Länner matenee verbënnt. D'Produktioun ass oft iwwert d'Kontinenter ewech organiséiert an d'Wuer mécht vill Dausende Kilometer, bis se bei eis an de Kleederbutteker ze kafen ass. Déi an der Branche aktiv Konzernner hunn dës international Opdeelung optimiséiert, andeems se an Niddreglounlänner vu bëlleger Aarbecht a manner strengen Ëmweltreegele profitéieren. D'Ëmweltbilanz vun der Moudindustrie ass deemno miserabel. Esou stellt d'Textilindustrie dee Secteur duer, deem déi véierthéchst Auswierkung op d'Klima an d'Ëmwelt huet. Eleng duerch „fast fashion“ sollen alljoers zu Lëtzebuerg 5,8 Milliounen Tonne Kleeder ewechgeheft ginn, wat ronn 11 Kilo pro Kapp duerstellt. Nëmmen 1 % dovunner gëtt recycléiert.

Virun dësem Hannergrond komme verschidde Léisungssätz op. Sou setzen Entrepreneuren ëmmer méi op „sustainable fashion“ mat Hëllef vu Praktiken ewéi Locatiounssystemer fir Kleeder, dem „upcycling“ oder Secondhandbutteker. Verschidde WëssenschaftlerInne gesinn d'Léisung awer éischer an engem postmaterialistesche Wäertewandel, deem d'Opkomme vun alternative Kleederkonsumnorme propagéiert a grondsätzlech eng „consume less“-Mentalitéit virgesäit.

Och d'EU-Kommissioun ass sech dem Theema bewosst an envisagéiert d'Afféierung vun enger Rei Mesuren. Ënnert dem Kader vun der Sorgfaltsflicht soll zum Beispill d'Transparenz vun de Liwwerketten an der Produktioun an der Textil- a Kleederbranche mat engem „passport numérique“ erhéicht ginn. Och um nationale Niveau gëtt probéiert, dëse Problemer ze begéinen. Esou gesäit dat neit Offallgesetz N° 7659 eng Collecte séparée fir Textil vir.

Deem entgéint investéieren d'Kleedermarke weider alljoers Milliounen Euro a Reklammen. Dagdeeglech maachen eng Zéngdausenden un Influencer op de sozialen Netzwierker Publicitéit fir de Konsum vu Kleeder. Dobäi ass de Message um Fong ëmmer dee gläichen: Et ass een Opruff, fir méi ze akafen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir ëffentlechen Déngscht, Konsumenteschutz an Ëmwelt, Klima an nohaltege Entwécklung dës Fro stellen:

1. Wéi vill Tonne Kleeder ginn zu Lëtzebuerg alljoers:

- recycléiert,  
- verbrannt,  
- aussortéiert an an d'Ausland exportéiert?

2. Wéi vill Secondhandbutteker am Kleederberäich gëtt et aktuell zu Lëtzebuerg?

3. Wat fir Mesurë gesäit d'Regierung vir, fir de Kleederkonsum zu Lëtzebuerg méi nohaltege ze gestalten?

4. Wéi steet d'Regierung zu engem Pfandsystem fir Kleedungsstécker, fir esou d'Kleeder an engem zouene Kreeslaf ze halen?

5. Wéi eng Servicer vum Staat kréien Aarbechtskleeder zur Verfügung gestallt?

- Wéi vill Leit kréien insgesamt doduerch Aarbechtskleeder zur Verfügung gestallt?

- A wéi engem Ofstand ginn dës Aarbechtskleeder ersat?

- Wat geschitt mat dëse Kleeder no hirem Gebrauch?

Entsprangen all dës Aarbechtskleeder engem nohaltege Produktiounsprozess?

- Wa jo, ëm wéi eng Marken a Labelen handelt et sech?

- Wann net, gedenkt d'Regierung, an Zukunft Aarbechtskleeder aus nohaltege Produktiounsprozesser ze kafen oder op recycléiert Kleeder zeréckze-gräifen?

**Réponse commune** (16.05.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Protection des consommateurs*, de **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique*, et de **Mme Joëlle Welfring**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. De Konsumenteschutzministère féiert keng Statistiken iwwert dëse Beräich, awer en hat zesumme mat Caritas am Januar 2022 eng kleng Analys zu dem Flux vun den Textilie gemaach a probéiert, dat Datematerial, wat zu Lëtzebuerg besteet an och zougängelech ass, zesummenzeleeën. Mat dësen Donnéeën ass et awer just zum Deel méiglech, op déi hei gestallte Froen ze äntweren.

D'Analys kuckt, wéi eng „Textilien“ (also net just Kleeder) mat dem Objektiv vun „enger Reutilisation, engem Recyclage an engem Upcycling“ gesammelt ginn. Fir 2018 waren et 5.256 Tonnen, déi en vue vu sou enger Valorisation gesammelt gi sinn. De gréissten Deel (78 %) gëtt vun AEHGD a Kolping-Jongenheem gesammelt, déi dës dann integral an d'Ausland weiderginn un Entreprises, déi am Tri an an der Revente schaffen. Dës Textilie ginn also net zu Lëtzebuerg recycléiert mee just gesammelt.

Et ginn och nach 2.198 Tonnen „déchets textiles“ an de Poubellë bei den „déchets ménagers“ gezielt. D'Déchets ménagers résiduels vum SIGRE a SIDOR gi beim SIDOR verbrannt, ouni dass do nach en Tri virdu gemaach gëtt. Op Basis vun den Estimatiounen an der Etüd ginn 1.925 Tonne verbrannt an 273 Tonnen ewechgeheft. Hei den Tableau, deem déi entsprecheend Kategorieë erëmgëtt. Déi ganz Etüd fënnst een ënner folgendem Link:

<https://www.caritas.lu/caritas-news/actualites/les-flux-de-textiles>

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

ad 2. Op Basis vun dem Code NACE 47.799, deem all Butteker mat Biens d'occasion regroupéiert, ass et net méiglech, genee erauszefannen, wivill Secondhandbutteker et am Kleederberäich gëtt. Fir 2019 fënnst een an der genannter Kategorie 25 Butteker, déi sech wéi gesot net eleng op Kleeder bezielen.

Et gëtt awer och aner Kanäl, iwwert déi ee Secondhandkleeder ka kafen oder kréien, sief et am professionellen oder am private Beräich. Dëst weist eng Ëmfro iwwert de Reemploi, déi den TNS ILReS 2021 fir d'Ëmweltverwaltung gemaach huet. D'Resultater dovunner kann een hei fannen:

<https://environnement.public.lu/fr/actualites/2021/10/reemploi-tns.html>

Do weist sech, datt Internet-Plattformen, online Handel an Hëllef-ASBlen zousätzlech Plaze sinn, wou ee Kleeder a Schong ka kafen oder gratis kréien, nieft de private Donen, déi déi éischt Quell vu Secondhandwuere sinn. Et stellt sech och eraus, datt d'Leit weéneg Kleeder ewechgeheien, well se déi meescht dovunner an eng Sammelstell ofginn (Alkleedersammlungen, Recyclingcenter, Secondhandshop ...), u Bekannte weiderginn oder verkafen.

ad 3. De Ministère fir Konsumenteschutz mécht bis elo Informatioun a Sensibilisation an deem Beräich an huet och fir Zukunft weider geplangt, dorunner ze schaffen. Des Weidere mécht hien de Suivi vu verschiddenen neien europäesche legislative Propositiounen an och net legislativen Initiativen.

Et gëtt och eng Ënnerdeelung fir Kleeder an Textilien am EU-Ecolabel, mat spezifesch Krittären, déi opgebaut goufen. Dësen EU-Ecolabel kann natierlech och

op fräiwëlleger Basis hei zu Lëtzebuerg ugewannt ginn.

Fir méi wäit ze goen, ass am Mäerz 2022 d'Textilie-strategie vun der Europäescher Kommissioun (EU-strategy for sustainable and circular textiles) publizéiert ginn. Se gesäit vir, datt den Design vun den Textilie wäert verbessert ginn, am Sënn vu méi Nohaltegkeet (Liewensdauer/Qualitéit, sozial Aspekter an der Hierstellung ...) a besser Offallentsuergung (Weiderbenotzung, Recycling). Den Opbau vun harmoniséierte Krittäre fir d'Produzenteverantwortungssystemer fir Textilien an der Offalkaderdirektiv ass och virgesinn; deemno wéi wäert den Opbau vun esou engem System zu Lëtzebuerg pertinent sinn.

No der Publikatioun vun därser Textiliestrategie fänken d'Aarbechten um EU-Niveau un, fir dës Strategie konkret ëmzesetzen. Dës Aarbechte wäerten interministeriell mat dem Ministère fir Ëmweltschutz, Klima a Nohaltegkeet suivéiert a koordinéiert ginn, fir d'Ëmsetzung dovunner um nationalen Niveau ze erméiglechen..

ad 4. D'Machbarkeet vun engem Pfandsystem muss hei zu Lëtzebuerg fir d'éischt analyséiert ginn, besonnesch fir d'Problematik vum Import vun de Wuere mat an Uecht ze huelen. Am Fall wou e Produzenteverantwortungssystem zu Lëtzebuerg fir Textilien opgebaut géif ginn, wéi d'EU-Strategie et recommendéiert, kéint een eng „obligation de reprise“ abae fir déi Offäll, wéi et dat scho fir Verpackungen, Batterien oder Elektroschrott gëtt. Dës „obligation de reprise“ kéint eventuell änlech wéi e Pfandsystem funktionéieren, wann d'Textilieproduzenten dat esou virgesinn.

Fir eng gesetzeskonform Offallgestioun vun deenen Offäll ze garantéieren, steet eng Dispositioun am zukünftigen Artikel 13 vum Offalkadergesetz (projet de loi n° 7659). Et geet ëm promotionell Sammelcampagnen, déi vum wirtschaftleche Secteur organiséiert ginn. Wann e Geschäft al Kleeder, Schong oder Textilien unhëlt, wäert et mussen seng Campagne am Virus bei der Ëmweltverwaltung umellen a wäert nodréiglech d'Informatiounen iwwert déi konform Verwäertung, d'Quantitéiten an d'Certificaten eraschécke mussen.

Ausserdeem wäert déi separat Sammlung vun Textilien als Verflichtung am Artikel 13 vun deem Gesetz verankert sinn; wéi all separat Sammlung soll den Zweck dovunner d'Opbreedung zur Weiderbenotzung sinn oder e qualitativ héichwäerteg Recycling.

ad 5. Fir eng Äntwert op déi lescht Fro biede mir den honorabelen Deputéierten, d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4149 vum 23. Abrëll 2021 « Tenues de travail équitables et durables au sein des structures relevant de l'État » nozeliesen.

**Question 6016** (01.04.2022) de **MM. Dan Biancalana** et **Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*) concernant la **station-service à Dudelange** :

Certaines sociétés de transport routier sont liées par contrat à des distributeurs de gasoil bien précis afin de réapprovisionner leurs camions durant leurs trajets. Cette pratique ne pose pas de problème si ces distributeurs exploitent des stations-services situées sur des aires d'autoroutes. Cependant, bon nombre de chauffeurs de camions s'approvisionnent à des stations-services en dehors du réseau autoroutier, ce qui n'est pas sans créer des perturbations, des embouteillages, voire des situations dangereuses pour le trafic local et les piétons dans les entrées des communes concernées.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Messieurs les Ministres de la Mobilité et des Travaux publics et de la Sécurité intérieure :

1) Quelles sont les raisons pour lesquelles un camion en transit peut quitter le réseau autoroutier, voire les axes principaux ? Le fait de rejoindre une station-service en particulier est-il autorisé dans ce cas de figure ?

2) Ce cas de figure se pose notamment au niveau de la route de Luxembourg à Dudelange (N31) où une station-service est fréquentée par de très nombreux camions qui rejoignent à nouveau l'autoroute une fois le plein fait. L'ouverture d'une station-service spécialement dédiée aux camions desservant la plateforme multimodale des CFL n'a pas contribué à une amélioration telle qu'annoncée initialement. Il s'en suit des situations dangereuses sur cette route très fréquentée. Quelles sont les solutions envisageables pour faire cesser cette pratique dans ce cas bien précis ?

**Réponse** (17.05.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1) Au sens de l'article 1<sup>er</sup> du règlement grand-ducal modifié du 5 mai 1994 limitant la circulation de transit sur une partie de la voie publique, la circulation de transit représente un mouvement qui est caractérisé par le fait que le véhicule en question ne fait l'objet d'aucune rupture de charge sur le territoire

du Grand-Duché. Les camions en transit sur le réseau autoroutier n'ont le droit de quitter celui-ci qu'en raison du déchargement/chargement de la marchandise d'un véhicule sur un autre (« offloading »). Le fait de se rendre à une station-service particulière pour s'approvisionner par exemple, n'est donc pas autorisé et va à l'encontre de la réglementation du transit obligatoire.

ad 2) Suivant le règlement grand-ducal modifié du 5 mai 1994, les sorties de l'échangeur n° 8 Burange sont interdites aux véhicules tombant sous les dispositions de la réglementation limitant la circulation de transit. Les panneaux de signalisation indiquant le transit obligatoire sur l'autoroute A13 à hauteur de la sortie n° 8 « Burange » indiquent aux conducteurs de véhicules en transit qu'il est interdit de quitter l'autoroute A13 à hauteur de l'échangeur « Burange ».

Les camions desservant la plateforme multimodale des CFL font l'objet d'une rupture de charge et ne tombent plus sous les dispositions du règlement grand-ducal modifié du 5 mai 1994. La concession relative à l'exploitation de la station-service sur le site CFL multimodal a été attribuée suite à un appel d'offre sur le portail des marchés publics. Cependant les chauffeurs de camions desservant la plateforme multimodale ne sont pas obligés de s'approvisionner sur le site et peuvent fréquenter une autre station-service.

Une amélioration de la situation serait d'adapter la réglementation en vigueur, en concertation avec toutes les instances concernées (Ville de Dudelange, Administration des ponts et chaussées, etc.).

**Question 6017** (04.04.2022) de **Mme Tess Burton** (*LSAP*) concernant les **poubelles de tri séparatif** :

En 2018, le Gouvernement du Grand-Duché a validé le plan national de gestion des déchets et des ressources (PNGDR), qui décrit les stratégies et mesures pour réduire de manière substantielle les quantités de déchets produits au niveau national. Entre autres, ces stratégies visent un renforcement et une meilleure cohérence nationale de la collecte, du tri et de la revalorisation des ressources. Ainsi, la stratégie « Null Offall Lëtzebuerg » définit une série d'objectifs, parmi lesquels l'installation de systèmes de collectes proches des citoyens favorisant un recyclage de qualité élevée.

Or, une grande partie des poubelles installées dans les espaces publics ne permettent pas de tri séparatif.

1) Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable peut-elle me dire pour quelles raisons les villes et communes installent toujours des poubelles sans compartiments de tri ?

2) Madame la Ministre est-elle d'avis qu'il faudrait systématiquement remplacer les poubelles simples par des poubelles de tri séparatif dans les espaces publics ?

**Réponse** (04.05.2022) de **Mme Joëlle Welfring**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1) Selon la loi modifiée du 21 mars 2012 relative à la gestion des déchets, il relève de la responsabilité des communes d'assurer la gestion des déchets ménagers et des déchets assimilés se trouvant sur leur territoire. Par ailleurs, les communes sont tenues de s'assurer de la disponibilité d'infrastructures appropriées pour la gestion des déchets.

Selon la définition donnée pour la collecte séparée dans cette même loi, il s'agit d'assurer qu'un type de déchets particulier soit gardé séparé des autres types de déchets en vue de son traitement ultérieur notamment par valorisation ou recyclage. La loi ne précise pas comment cette collecte séparée doit être organisée. Dès lors, les communes sont libres de choisir les modalités de collecte séparée.

Les formes les plus fréquentes sont :

- collectes à domicile avec ou sans récipients particuliers pour les différents flux concernés ;

- collectes par apport à des endroits spécialement prévus pour la collecte des types de déchets respectifs : bulles de collectes, centres de recyclages, etc.

L'article 13 (6) exige qu'à partir de 2015, des systèmes de collecte séparée soient mis en place pour au moins les fractions suivantes : papier, métal, plastique et verre.

Des projets pilotes sont actuellement menés afin de déterminer les fractions à collecter séparément dans l'espace public.

ad 2) Il faut attendre les résultats des projets pilotes avant de considérer de sporadiquement ou de systématiquement remplacer les poubelles simples par des poubelles de tri séparatif dans les espaces publics.

Il y a lieu de noter dans ce contexte que la directive relative à la réduction de l'incidence de certains pro-





duits en plastique sur l'environnement prévoit l'obligation de la mise en place d'infrastructures spécifiques pour la collecte des déchets de produits du tabac, telles que des réceptacles appropriés dans les lieux où les déchets font le plus fréquemment l'objet d'un dépôt sauvage.

**Question 6018** (04.04.2022) de **M. André Bauler (DP)** concernant les **logements de service à Colmar-Berg** :

Aktuell steet de Gros vun den alen Dénsgchtwunnenge vun der Police zu Colmar-Bierg eidel. Fir dëse Wunnengen eng nei Bestëmmung ze ginn, ass dowéinst och am Moment e PAP an der Maach.

Bis dass dësen allerdéngs ofgeschloss ass, a vu déi aktuell Situatioun mam Krich an der Ukrain, kéinten dës Wunnengen och als Logement fir Flüchtlinge genotzt ginn.

An deem Kader wollt ech dem Här Wunnengsbau-minister follgend Froe stellen:

- Ginn et Pläng, fir an de genannte Wunnenge Flüchtlingen ënnerzebréngen?

- Wa jo, kéinten déi Wunnengen direkt genotzt ginn oder missten nach Aarbechten duerchgefouert ginn?

- Wou sinn d'Aarbechten um PAP drun?

**Réponse** (04.05.2022) de **M. Henri Kox, Ministre du Logement** :

Fir dëse Site ass bis elo just e Schéma directeur ausgeschafft ginn. Am Moment gëtt nach gepréift, wéi eng Aarbechten noutwenneg sinn, fir dës fréier Dénsgchtwunnengen iwwergangsweis, fir d'Ënnerbréngung vu Flüchtlingen ze notzen.

**Question 6020** (04.04.2022) de **M. Jean-Paul Schaaf, Mme Martine Hansen, et M. Claude Wiseler (CSV)** concernant la **fermeture temporaire de la maternité du Centre Hospitalier du Nord** :

En date du 4 avril le Centre Hospitalier du Nord doit fermer temporairement la maternité dans le nord du pays. L'arrière-fond de la problématique préoccupante doit être comprise à la lecture de la loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière, qui prévoit en son annexe 2 : « Une maternité qui assure moins de 1.500 accouchements par an dispose au moins d'une disponibilité 24h/24 et 7j/7 sur appel et dans des délais compatibles avec l'impératif de sécurité, du médecin spécialiste en gynécologie obstétrique et du médecin spécialiste en anesthésie pour la prise en charge de la femme enceinte et parturiente, ainsi que du médecin spécialiste en pédiatrie pour la prise en charge du nouveau-né. »

La question principale est celle de la responsabilité du médecin traitant au cas où les trois spécialités requises ne seraient pas réunies en cas d'accident. Qui plus est, la spécialisation au sein de la faculté de pédiatrie distingue aujourd'hui le pédiatre général, le chirurgien pédiatre et le néonatalogue - spécialisé dans la réanimation des nouveau-nés.

Les médecins anesthésistes ont eu recours à vos services pour apporter la clarification nécessaire quant à la question d'interprétation du texte de loi et de la responsabilité personnelle du médecin, voire également de l'établissement hospitalier, de sa direction et son conseil d'administration.

Plus de 800 accouchements ont lieu par an au CHdN. Les habitants du Nord du pays apprécient ce service de proximité et de haute qualité et ne pourront pas accéder aux maternités de la capitale avec la même facilité.

Face à cette problématique nous souhaitons avoir des éclaircissements sur la situation et poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Comment doit-on interpréter la question de la responsabilité de l'acte médical d'un médecin spécialiste au cas où le confrère ne serait pas présent « dans des délais compatibles avec l'impératif de sécurité » ? Au clair, un médecin anesthésiste qui réanime un nouveau-né, sans que le médecin spécialiste en néonatalogie soit présent, peut-il être tenu responsable dans tous les cas ?

2) Le projet du SAMU néo-natal, qui devrait apporter dans les délais imposés par la loi le soutien aux établissements hospitaliers d'Ettebruck et de Esch (CHEM), est-il en train de devenir opérationnel ? Dans quel délai apportera-t-il la solution nécessaire ?

3) Madame la Ministre est-elle d'avis que les maternités du Sud et du Nord du pays restent indispensables pour les populations respectives ? Ou est-ce que Madame la Ministre préconise-t-elle une centralisation totale vers la capitale du pays ?

4) La loi de 2018 ne doit-elle pas être adaptée afin de clarifier la responsabilité des médecins et des

établissements hospitaliers dans le but de pérenniser les services décentralisés et de haute qualité ?

**Réponse** (06.05.2022) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** :

ad 1) Un grand nombre d'hôpitaux dans les pays voisins avec des maternités de moins de 1.000 accouchements sont confrontés à la même problématique que la maternité du CHdN et ont ainsi mis en place des procédures de prise en charge du nouveau-né.

Le retour d'expérience met en évidence qu'il y a globalement moins de 1 % des nouveau-nés nécessitant une réanimation immédiate mais ce sont les premières minutes qui sont les plus cruciales pour le pronostic ultérieur du nouveau-né d'où l'importance de pouvoir réagir rapidement.

Selon les recommandations internationales cette réanimation est faite par le personnel compétent de la salle d'accouchement qui agit selon des protocoles de prise en charge validés, actualisés et accessibles.

Selon les recommandations de la Haute autorité de santé en France, tout professionnel susceptible d'accompagner une femme pendant le travail doit être capable d'entamer la réanimation (anesthésiste, sage-femme, infirmière, ...) et doit pour cela suivre régulièrement une formation aux premiers gestes de réanimation en accord avec les recommandations en vigueur. Au Luxembourg, les sage-femmes sont formées à la réanimation du nouveau-né. Le recours au néonatalogue a lieu une fois que les premiers gestes de réanimation sont amorcés. Un appel anticipé du pédiatre est fait en cas de risques identifiés pendant la phase de travail.

La Deutsche Gesellschaft für perinatale Medizin a émis les recommandations structurelles et organisationnelles pour l'Allemagne dans lesquelles elle insiste sur la nécessité d'avoir des conventions avec un service de néonatalogie.

Les adaptations de la prise en charge envisagées entre la maternité du CHdN et le service national de néonatalogie du CHL tiennent compte de ces recommandations internationales.

Les anesthésistes du CHdN bénéficieront ainsi d'une formation de Neonatal Life Support (NLS) et seront accompagnés par une téléexpertise par le service de néonatalogie afin de garantir une sécurité maximale pendant ces premières minutes pendant qu'un autre néonatalogue se met en route.

ad 2) Le projet organisationnel du SAMU néonatal vise à répondre aux situations d'urgence rencontrées exceptionnellement lors d'accouchements dans les maternités du Nord et du Sud. Ce concept prévoit tant la réalisation de formations complémentaires pour le personnel médical et soignant impliqué dans la prise en charge de nouveau-nés qu'une téléassistance entre les médecins du service national de néonatalogie du CHL et le personnel de la salle d'accouchement dans les deux maternités. Un renforcement complémentaire de la dotation du SAMU Néonatal permettra d'assurer la disponibilité requise pour les déplacements de néonatalogues vers les maternités respectives en cas de nécessité.

Ce concept est en transposition technique et organisationnelle entre les acteurs concernés et devrait être opérationnel à la fin du mois courant.

ad 3) Les dispositions de la loi hospitalière prévoient le fonctionnement de maternités de niveau 1 avec un nombre d'accouchements inférieurs à 1.500 par an tel qu'il est le cas au CHdN et au CHEM et il est la volonté politique nationale de maintenir le fonctionnement de ces maternités et de se doter d'une organisation adéquate afin de maintenir le fonctionnement dans le cadre légal prévu.

ad 4) Le concept élaboré devrait permettre au gestionnaire hospitalier d'assurer les obligations légales requises pour le maintien et le bon fonctionnement des activités des maternités concernées. Une modification de la loi n'est pas jugée nécessaire à l'heure actuelle.

**Question 6022** (04.04.2022) de **MM. Max Hahn et Gusty Graas (DP)** concernant le **refus de la prise en charge des patients en urgence** :

Dans la région centrale, les deux hôpitaux Hôpital Kirchberg et le Centre hospitalier (CHL) organisent à tour de rôle le service de garde.

En semaine, les deux hôpitaux sont ouverts de 07.00 à 17.00 heures, ce qui permet au service de secours du CGDIS de se rendre à l'hôpital de service le plus proche dans la région (à quelques exceptions près). Cela présente l'avantage non seulement de permettre aux patients de recevoir le plus rapidement possible d'autres diagnostics médicaux et thérapies, mais aussi de libérer rapidement les véhicules d'intervention pour d'autres missions de secours.

Il nous revient maintenant que ces derniers mois, la „petite garde“ (de 07.00 à 17.00 heures les jours

ouvrables) de l'Hôpital Kirchberg a refusé à plusieurs reprises de prendre en charge des patients, et ce à partir de 15.30/16.00 heures environ. Il en résulte que les véhicules de secours et leurs patients doivent parcourir de plus longues distances depuis le lieu d'intervention.

En outre, il arriverait aussi qu'après l'admission des véhicules de secours et leurs patients au service des urgences de l'Hôpital Kirchberg, cet hôpital refuserait néanmoins de prendre en charge ces patients qui devraient alors être transférés au CHL.

Les équipes de secours donnent parfois un feedback au Central des secours d'urgence du 112 (CSU 112), même si ce n'est pas systématique.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Intérieur et à Madame la Ministre de la Santé :

- Madame la Ministre de l'Intérieur, combien de cas de refus d'admission de patients par l'Hôpital Kirchberg ont été enregistrés auprès du CSU 112 depuis le début de l'année 2022 ? Quelles en sont les causes ?

- Combien de cas de refus d'admission de patients par le Centre hospitalier ont été enregistrés par le CSU 112 depuis le début de l'année 2022 ? Quelles en sont les causes ?

- Ces chiffres sont-ils transmis par le CGDIS ? Dans l'affirmative, qui est le destinataire ?

- Quel est l'impact sur la disponibilité des véhicules d'intervention ?

- Des instructions sont-elles données à l'équipe de secours sur ce qu'il convient de faire dans un tel cas ? Dans l'affirmative, lesquelles ?

- Madame la Ministre de la Santé est-elle au courant de ce problème ?

- Que compte faire Madame la Ministre de la Santé concernant ce sujet ?

- Les patients qui se présentent eux-mêmes au service des urgences de l'Hôpital Kirchberg avant 17.00 heures dans le cadre de la „petite garde“ sont-ils également refusés ou dirigés vers le CHL ?

**Réponse commune** (10.05.2022) de **Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, et de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** :

Depuis la mise en place de la garde parallèle des services d'urgence du CHL et de l'Hôpital Kirchberg, le 1<sup>er</sup> juin 2021, un accord - fruit du travail collaboratif - a été retenu entre le Ministère de la Santé, le CGDIS et les deux hôpitaux précités. L'orientation des patients est indépendante de la garde diurne proposée par les deux hôpitaux et s'effectue de manière alternée.

L'accord détermine les règles d'orientation des patients de la région Centre lors des périodes de garde parallèle pour permettre aux patients de recevoir le plus rapidement possible une prise en charge médicale adaptée et au CGDIS de garantir sa couverture opérationnelle.

À notre connaissance il n'y a pas eu de refus de prise en charge ni de la part du CHL ni de la part de l'Hôpital Kirchberg, mais des réorientations pour des motifs médicaux ou organisationnels.

Le Central des secours d'urgence 112 assure le suivi de toute réorientation vers un autre établissement hospitalier par le biais d'un officier santé ainsi que l'appui à l'équipage des ambulances.

Dans une démarche de constante amélioration, les cas de réorientation ont été analysés et un bilan du fonctionnement de la garde parallèle sera préparé par le Ministère de la Santé pour aborder tous ces aspects.

Enfin, nous tenons à conclure que ces cas de réorientation restent exceptionnels.

**Question 6023** (04.04.2022) de **M. Jean-Paul Schaaf (CSV)** concernant les **réserves de gaz** :

Um Forum pentalatéral iwwert d'Energie gouf vu Benelux, Däitschland, Frankräich, Schwäiz an Éisträich eng Deklaratioun ënnerschríwwen, déi virgesäit, sech géigesäiteg bei der Gasspäicherung a virun allem bei der Koordinatioun vu Leschem ze ënnerstëtzen. Mengen Informatiounen no hat d'EU viru Joren decidéiert, déi Gasreservoirén aus der Responsabilitéit vun den Netzbedreiwer erauszehuelen Duerch déi Decisioun waren d'Käschten net méi duerch d'Netzgebühren assuréiert. Vu dass de Gas um Spotmarkt mat Momenter relativ génschteg war, war et fir d'Bedreiwer vun de Gasreservoirén deelweis méi lukrativ, de Gas kuerzfristeg ze kafen an net méi ze stockéieren, soudass d'Stockén net zu all Moment geféllt waren. Dobäi kënn, dass och déi Gasspäicher vu russesche Staatskonzerne kontrolléiert ginn; zum Beispill sinn ca. 25 % vun den däitsche Späicher an Hand vu Gazprom.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un den Energieminister stellen:

1. Kann de Minister confirméieren, dass d'Gasreservoirén duerch d'Liberaliséierung vum Marché net méi an der Responsabilitéit vun dem Netzbedreiwer musse leien?

2. Wiem gehéieren d'Gasreservoirén an de Länner, déi Deel vun der Deklaratioun sinn? Wéi vill Prozent vun de Gasspäicher sinn an éffentlecher Hand? Wéi vill a privater Hand? A wéi vill vun deene privaten Entreprisén sinn ënner europäescher an net europäescher Kontroll?

3. Sollen d'Gasreservoirén erëm als Deel vum Gasnetz zielen an domadder och als Flicht vum Netzbedreiwer (fir den Ënnerhalt a fir de Stockage) gëllen?

4. Wéi soll d'Fälle vun de Reservoiré finanzéiert ginn? Wie wäert de Stockage vum Gas finanzéieren?

5. Si mer sécher, dass mer eis net ofhängeg maa-che vu finanziellen Operatioune vun de Besëtzer vun de Gasreservoirén? Mat wéi enge Käschte fir den Akaf an de Stockage an de private Gasspäichere muss ee rechnen? Wei ginn déi Käschten op den Endverbraucher ëmgeluecht?

**Réponse** (04.05.2022) de **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie** :

ad 1. Et ass effektiv esou, dass d'Gasreservoirén duerch d'Liberaliséierung vum Marché net méi an der Responsabilitéit vun dem Netzbedreiwer musse leien. D'Direktiv 2009/73/CE vum 13. Juli 2009 iwwer d'gemeinsam Reegele fir den Äerdgasbannemaart gesäit vir, dass eng Stockageinstallatioun ka vu jidder Zort Äerdgasentreprise bedriwwé ginn. Dat kann een Netzbedreiwer sinn, oder awer och eng Entreprise am Beräich vun der Produktioun, Fourniture oder Akaf vun Äerdgas. De Bedreiwer vun enger Stockageinstallatioun ass verpflichtet, den Acteure vum Marché Zougang zu de Stockagekapazitéiten ze ginn, entweeder op Basis vun engem verhandelten oder vun engem reguléierten Zougang.

An der Praxis sinn d'Notzer vu Stockageinstallatiounen meeschtens Händler oder Fournisseuren, déi probéieren, de Portfolio vun hire Clienté besser ze geréieren. Oft gëtt dobäi de Gas, deen an de waarme Méint vun den Händler agelagert gëtt, an de kale Méint erëm um Marché verkaaft, wat och gutt fir d'Versuergungssécherheet ass.

D'Gasnetzbedreiwer op hirer Säit suergen derfir, dass genuch Netzkapazitéiten zur Verfügung stinn an dass eventuell Ofwäichunge vun Offer an Demande ausgeglach ginn. Heifir mussen d'Gasnetzbedreiwer e gewësse Volume vu Gas um Marché akafen an dierfen am Prinzip och Gasspäicher notzen, fir dës Ausgläichsenergie dran ze späicheren. Si dierfen awer kee Gas alageren, fir deen dann um Marché erëm ze verkafen, well dat eng exklusiv Aufgab vum Marché ass. Als Gréissenuerdnung sief erwäänt, dass d'Ausgläichsenergie, déi de Gastransportnetzbedreiwer Creos Luxembourg pro Joer muss opbréngen, ongeféier 0,5 % vum Gesamtjoresverbrauch zu Lëtzebuerg ausmécht.

ad 2. Gasspäicher an Europa gehéiere praktesch integral private Gesellschaften. E puer ginn nach vu sougenannte Stadtwerken bedriwwen. Bedreiwer vu Gasspäicher an Europa si Firmen, déi och an dem entspreche Land eng Nidderloossung hunn an deemno och do als Entreprise zougelooss musse sinn.

Zu Lëtzebuerg gëtt et kee Gasspäicher, well eis Geologie dat net zouléisst. Ee vun de lëtzebuergesche Gasfournisseuren ass iwwer eng Duechterfirma Proprietär an Däitschland vun engem Gasspäicher. Zorzäit gëtt gepréift, ob et méiglech ass, dës Gasspäicher och fir Lëtzebuerg ze notzen.

ad 3. Sou wéi uewe beschriwwen, ass et net ausgeschloss, dass een Netzbedreiwer och ka Bedreiwer vun enger Stockageinstallatioun sinn. Sou wéi all aner Bedreiwer vun enger Stockageinstallatioun muss hien dann den Acteure vum Marché d'Stockagecapacitéiten zur Verfügung stellen, ausser fir de Fall vun enger strateegescher Reserv, wou d'Konditioun fir d'Notzen duerch déi jeeweilg gesetzlech Basis gereegelt sinn. Well Lëtzebuerg keng Stockageinstallatioun huet, stellt sech d'Fro no enger strateegescher Reserv zu Lëtzebuerg net.

ad 4. Sou wéi och schonn an der parlamentarescher Fro N° 5802 duergestallt, hunn ech Enn 2021 eng Debat mat mengen europäeschen Energieministerkollege lancéiert, fir iwwer eng Bewäertung vum Fonctionnement vun den Äerdgasstocken an den Akafstrategien an Europa ze diskutéieren. Um Niveau vum „Pentalateral Energy Forum“, dee Vertieder vun de Ministèren, Regulateuren an Netzbedreiwer vun den dräi Benelux-Länner, souwéi Däitschland, Frankräich, Éisträich an der Schwäiz zesummebréngt, hu mir dunn Enn März eng politesch Deklaratioun ënnerschríwwen, déi virgesäit, dass ënnerierdesch Äerdgasspäicher ëmmer virum Ufank vun de Wanterperiode genügend geféllt sinn. Dës Approche gouf méttlerweil och op europäeschem Niveau diskutéiert an d'Europäesch Kommissioun huet an deem Kontext en europäescht Reglement op den Instanzewee bruecht,





dat nach virun dem Summer soll a Kraaft trieden. Do ass virgesinn, dass all Memberstaaten, d. h. och déi, déi selwer keng ënnerierdesch Gasspäicher op hirem Territoire hunn, e gewëssenen Undeel vun hirem Joresverbrauch mussen aspäicheren an d'Reservoire musse bis zu 90 % gefëllt si virum Ufank vun de kale Méint. Dës Obligatioun kann de Fournisseuren operluecht ginn, déi dann en Deel vun hirem Portfolio mussen a Gasspäicher stockéieren, sou wéi dat och haut schonn a verschiddene Länner de Fall ass. An dësem Sënn muss déi entspriechend Legislatioun zu Lëtzebuerg ugepasst ginn.

Parallèll wäerten och méi streng Critèrë fir Besëtzer vu Gasspäicher opgestallt ginn, fir esou d'Situatioun, dass een Acteur aus engem Drëttstaat, wéi zum Beispill Gazprom, vill Gasspäicher bedreift, ze verhënneren.

ad 5. De Bedreier vun enger Stockageinstallatioun, deem seng Servicer den Acteur vum Marché muss ubidden, huet natierlech Käschten, déi hien den Notzer vun der Stockageinstallatioun a Rechnung stellt. Dës Käschte leien am Beräich vun e puer Euro pro Megawattstonn agespäichertem Gas.

Insgesamt kann d'Späichere vun Äerdgas och mat deene Käschte gewënnbréngend fir d'Händler sinn an doduerch och fir de Client, wa Gas an enger Zäit mat méi nidderege Käschte kaaft a stockéiert, a méi spët zu enger Zäit mat méi héije Präisser erëm genotzt gëtt. Falls d'Präisdifferenz awer net grouss genuch oder esouguer negativ ass, kann eng Späichernotzong awer och Käschte mat sech bréngen, déi dann an der Reegel un de Client weiderverrechnet ginn. Aus der Sicht vun der Versuerungssecherheet ass d'Fëlle vu Späichercapacitéiten awer ëmmer eng sënnvoll Aktivitéit, fir eventuell Enkpäss ze evitéieren.

**Question 6024** (04.04.2022) de **M. André Bauler (DP)** concernant les **allées d'arbres** :

Viru Kuerzem sinn eng Rei Beem laanscht d'Strooss ersat ginn, sou zum Beispill tëscht Lenzweiler an dem Rond-point beim Antoniushaff an der Gemeng Wëntger. Op anere Strecke mierkt een, datt eng Rei Beem abiméiert oder futti sinn, wéi z. B. tëscht Méchela an Ierpeldeng-Sauer, wou etlech Bierken hir Äscht verléieren, déi dann op d'Strooss falen. Dacks stellen dës Beem also e Sécherheitsrisiko duer.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Wéi steet et allgemeng ëm d'Gesondheet vun eise Bamalleeën?

2. Wéi vill krank Beem mussen an noer Zukunft gehae ginn?

3. Wat fir eng Strategie verfollegt de Mobilitéitsministère, wat den Erhalt respektiv d'Neiupflanzung vu Bamalleeën am Land ugeet?

**Réponse** (17.05.2022) de **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** :

ad 1. Ee Groussdeel vum Bestand vun den Alleeën laanscht d'Staatsstroosse sinn an engem allgemeng gudden Zoustand. Eis Alleeën hunn awer e relativ héijen Alter, deemno gëtt et eng sëllege Beem mat enger gewëssener Vitalitéitsschwächt. Bedéngt duerch déi dréchen a waarm Summeren 2019 an 2020 hunn och vill al Beem, déi mat dëse Konditiounen manner gutt auskommen, gelidden. Dëst bedeit awer net, datt vital schwaach Beem een direkte Verkéierssecherheitsproblem mussen duerstellen. Dës Beem kënnen sech ënner méi gënschtege Konditiounen dacks erëm erhuelen. Dobäi kënnt, datt déi zoustänneg Equippen um Terrain dofir suergen, datt den Entretien un de genannte Beem no de Reegelen vun der Konscht gemaach gëtt.

ad 2. Fir d'Verkéierssecherheet ze garantéieren, ginn allgemeng eng 300 bis 500 Stroossebeem d'Joer ëmgehaen. Dëst, well se duerch hire Gesondheitszoustand net kënnen stoe gelooss ginn an et ass dovunner auszegoen, datt dës Quantitéit u Beem och an Zukunft wäert gehae ginn.

ad 3. D'Bamalleeën gehéieren zu eisem natierlechen a kulturelle Patrimoine. Grad an Zäite vu Klimawandel an der Degradatioun vum Naturraum ass et wichteg, den Erhalt vun den Alleeën ze garantéieren an dëst natierlech am Respekt vun der Verkéierssecherheet. Deemo soll e keng Beem méi a kéieren oder op Plaze mat engem potenzielle Sécherheitsrisiko ersat ginn.

Zousätzlech ass awer ze betounen, dass fir all Bam, dee laanscht d'Strooss steet a muss respektiv soll ewechkommen, eng Autorisatioun am Kader vum Naturschutzgesetz néideg ass. Deemo besteet eng gesetzlech Verplichtung, fir gehae Beem ze kompenséieren. D'Stroossebeem (am ëffentlechen Raum) sinn duerch den Artikel 14 am Naturschutzgesetz geschützt a ginn och deementspriechend kompenséiert.

**Question 6025** (05.04.2022) de **M. André Bauler (DP)** concernant la **production de champignons** :

Il me revient que plusieurs agriculteurs domestiques se sont lancés depuis quelques années dans la culture (la production) de champignons.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Monsieur le Ministre peut-il informer sur la production de champignons au Luxembourg ?

2) Combien d'acteurs se sont engagés en ce domaine et quels ont été les investissements réalisés par eux ?

3) Le ministère a-t-il subventionné ces investissements ? Dans l'affirmative, à quelle hauteur ?

4) Quels types de champignons sont actuellement cultivés par nos producteurs indigènes et quels en sont les principaux clients ?

**Réponse** (06.05.2022) de **M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural** :

ad 1) Une très grande majorité des champignons consommés au Luxembourg proviennent de producteurs industriels étrangers. La production nationale est limitée à quelques producteurs artisanaux. Ainsi, la moyenne de taille de la surface de production est en dessous de 100 m².

Pour les exploitations agricoles engagées, il s'agit d'une activité auxiliaire de l'orientation principale et représente une opportunité de diversification. Or, les producteurs ne sont pas tous issus du monde agricole ; l'économie sociale est aussi représentée parmi les producteurs.

Dans ce contexte, il est également intéressant de noter qu'il y a au Luxembourg quelques pionniers qui se sont aussi lancés dans la production de truffes.

ad 2) Comme mentionné ci-dessus, le nombre d'acteurs engagés est très limité et comme la production des champignons est une activité auxiliaire, les investissements réalisés dans ce domaine restent de petite envergure.

Il est à noter que les acteurs cherchent principalement à employer des structures déjà existantes sur leur exploitation. Par exemple, de vieilles étables sont aménagées et reconverties pour la production de champignons.

ad 3) À noter que le chapitre 1<sup>er</sup> de la loi modifiée du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable des zones rurales prévoit des aides aux investissements réalisés dans les exploitations horticoles, y compris la production de champignons. Les constructions horticoles ainsi que les bâtiments et équipements fixes pour la transformation, le conditionnement et le stockage à l'exploitation de produits de celle-ci sont considérés comme des biens immeubles éligibles au régime d'aides aux investissements réalisés par les exploitations agricoles. L'aide est de 40 % du coût éligible pour les biens immeubles. Jusqu'à ce jour, aucune exploitation n'a introduit une demande d'aide explicite pour la production de champignons.

ad 4) Actuellement, le champignon de Paris brun est cultivé, d'autres espèces ne représentent que des quantités marginales.

Les producteurs utilisent tous les moyens de vente, que ce soit la vente directe au consommateur final, la vente à l'aide de revendeurs comme commerces locaux ou magasin de la ferme ou la vente aux supermarchés par l'intermédiaire de grossistes, soit au secteur de la restauration.

**Question 6026** (05.04.2022) de **M. Sven Clement (Piraten)** concernant les **logements de service** :

Aktuell sinn eng ronn 4.000 Persounen aus der Ukrain geflücht. Dës Persounen mussen nieft deenen, déi de Statut BPI respektiv DPI hunn, vum ONA an dem Familljeministère encadréiert ginn. Laut der Äntwert op d'Fro N° 0867 gëtt et 103 Déngschtunnenge fir d'Police, vun deenen dee Moment (Juli 2019) nëmmen eng ronn 27 genotzt goufen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministere fir bannenzeg Sécherheet, Immigratioun an Asyl a Verdeedegung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Déngschtunnenge vu Police an Douane stinn am Moment ronderëm d'Land eidel?

2. Wéi vill Déngschtunnenge vu der Arméi stinn am Moment ronderëm d'Land eidel?



3. Wier et hei net méiglech, déi eidel stehend Wunnungen, och déi, wou soll dru geschafft ginn oder wou am Moment ëmfunktionéiert ginn, fir d'Ënnerbréngung vun de Geflüchteten ze notzen?

**Réponse commune** (16.05.2022) de **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure**, de **M. François Bausch, Ministre de la Défense**, de **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes**, et de **Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** :

ad 1. Vun der Police an der Douane stinn am Moment keng Déngschtunnungen eidel. Aktuell stinn och keng bewunnbar Wunnungen an der Cité militaire eidel.

ad 2. Et muss ee méi generell verstoen, datt 2014 am Kader vum Zukunftspak decideiert gouf, de System vun Déngschtunnungen progressiv ofzeschaffen. Saitdeem gëtt all Déngschtunnung, déi net méi am Gebrauch ass, reafektéiert, d. h. se kritt eng nei Fonctioun zougewisen. De Gros vun de fréieren Déngschtunnungen sinn esou iwwert déi leschte Joren a Sozialwunnungen ëmfunktionéiert ginn.

ad 3. An deem Sënn wäerten aus 16 bis 20 Déngschtunnungen vun der Arméi, déi iwwert déi nächsten zwee Méint eidel ginn, Wunnungen fir Leit, déi aus der Ukrain geflücht sinn, gemaach ginn.

**Question 6029** (06.04.2022) de **Mme Martine Hansen (CSV)** concernant la **durée de l'enseignement secondaire** :

An de Lëtzebuurger classesche Schoule schléissen d'Schülerinnen an d'Schüler den Enseignement secondaire no siwe bestanene Schouljoer of, wärenddeems d'Schülerinnen an d'Schüler, déi eng Europaschoul besichen, de Lycée schonn no sechs bestanene Schouljoer ofschléissen.

An dësem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun stellen:

- Kann den Här Minister fir Educatioun eis e Verglach vun de Programmer maachen an eis soen, wou déi kruzial Ënnerscheeder an de Programmer sinn, déi et erlaben, dass de BAC an nëmme sechs Joer ofgeschloss ka ginn an net a siwe Joer wéi an de classesche Lycéeën?

**Réponse** (17.05.2022) de **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** :

Zanter 2016 huet mäi Ministère Demarchë gemaach, fir déi ëffentlech schoulesch Offer ze erweideren, dëst mat der Mise en place vun agreéierten europäesche Schoulen (EEA).

De System vun den Europaschoulen huet seng Originen am Grand-Duché, mat der Kreatioun 1953 vun der éischter europäescher Schoul um Lampertsbiërg.

Déi agreéiert Europaschoulen applizéieren de Curriculum, d'Programmen, d'Evaluatioun, d'Promotioun an d'Zertifikatioun (Baccalauréat européen) vun den Europaschoulen.

D'Vocatioun vun den Europaschoulen ass et, de Kanner e méisproochege a multikulturellen Enseignement unzibidden, vum Cycle maternel iwwert de Cycle primaire bis zum Cycle secondaire.

Curriculum vun den Europaschoulen

De Cycle maternel (Early Education; M1-M2) geet iwwer zwee Schouljoer, de Cycle primaire zielt fënnef Joer (P1-P5) an de Cycle secondaire siwe Joer (S1-S7). Et gëtt also keen Ënnerscheed tëscht dem nationale System (ESC an ESG) an dem europäesche System, wat d'Ziel vun de Schouljoren um Niveau vum Enseignement secondaire ubelaangt.

Mat 4 Joer ginn d'Kanner op M1 scolariséiert (si mussen den Alter vu 4 Joer den 1. September virun hirer Scolarisatioun erreecht hunn). Mat 6 Joer komme si an de Primaire a mat 11 Joer an de Secondaire.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

De System vun den europäesche Schoulen ass e supranationale Schoulssystem, deem historiesch entstanen ass, an deem sech awer an engens op déi edukativ Systemer vun deene verschiddene Memberstaaten vun der Europäescher Unioun baséiert an sech no hinne richt. D'Inspiratioun, fir dës spezifesch Curriculum ze entwéckelen, kënnt vun deene selwechte Länner; e soll et de Schülerinnen a Schüler erméiglechen, hir Scolarisatioun a ganz Europa ze suivéieren.

All nationale Bildungssystem ass op eng aner Manéier strukturéiert an organiséiert; d'Curricula sinn net harmoniséiert tëscht de Memberstaaten. An der Annex II vum Règlement général des écoles européennes ([https://www.eursc.eu/BasicTexts/2014-](https://www.eursc.eu/BasicTexts/2014-03-D-14-fr-10.pdf)

[03-D-14-fr-10.pdf](https://www.eursc.eu/BasicTexts/2014-03-D-14-fr-10.pdf)) fënnt een den Tableau mat den Equivalenzen vun den Niveaux d'études tëscht dem System vun den europäesche Schoulen an deene verschiddenen nationale Schoulssystemer. Aus dësem Tableau geet z. B. ervir, datt d'Educatioun um Niveau vum Primaire a vum Secondaire sech a verschiddene Schoulssystemer iwwer 12 Joer erstreckt, bei aneren dogéint iwwer 13 Joer.

Am Verglach mam Lëtzebuurger Schoulssystem proposéiert de System vun den europäesche Schoulen en Enseignement maternel a primaire vu siwe Joer par rapport zu aacht Joer am nationale System.

Um Enn vum Parcours certifiéiert den Diplom vum Baccalauréat européen, datt een seng Etüden um Niveau vum Secondaire an enger Europaschoul oder an enger agreéierter europäescher Schoul ofgeschloss huet. Dësen Diplom ass offiziell unerkannt als en Titel, deem en Accès zum Enseignement supérieur an alle Länner vun der Europäescher Unioun erméiglecht.

D'Titulairë vum Baccalauréat européen hunn an hirem Land déi selwecht Rechter an Avantagë wéi all aner Titulairë vun engem Certificat de fin d'études secondaires an si kënnen notament, geneesou wéi déi aner Staatsbürger mat equivalenter Qualifikatiounen, eng Admissioun an all Universitéit oder Héichschoul vun der Europäescher Unioun froen.

Europäesch Programmen

Déi komplett Programme vum Cycle maternel, vum Primaire a vum Secondaire kënnen um Internetsite vun den Europaschoulen ([www.eursc.eu](http://www.eursc.eu)) consuléiert ginn.

Den Ensembl vun den europäesche Programme baséiert op enger kompetenzorientierter Approche. Dës Programme gi vun engem Grupp vun Experte redigéiert, ënnert der Guidance vum europäeschen Inspektorat. D'Programme gi reegelméisseg à jour gesat, spëtstens all néng Joer.

Beim Ausschaffen a Redigéiere vun de Programme gëtt ganz besonnesch op d'Programme vun de verschiddene Memberstaaten grad ewéi op d'Ufuerderungen/d'Exigence vun der tertiärer Educatioun geuecht. D'Programmen an der Langue 1 (Sprooch 1) riichten sech och no den Ufuerderungen vun de Programmen a Mammesprooch vun de verschiddene Memberstaaten.

Déi europäesch Programme sollen e fléissenden Iwwergang tëscht dem europäesche System an deene verschiddenen nationale Schoulssystemer erméiglechen - am Fall vun engem Schoulwiessel.

Et schéngt net ubruecht, fir déi europäesch Programmen Niveau fir Niveau a Schouljoer fir Schouljoer mat den nationale Programmen ze vergläichen (andeems ee verschidde schoulesch Filière probéiert ze alignéieren). Déi europäesch Programme baséieren op der Entwécklung vu Kompetenze bei de Schülerinnen a Schüler. Déi meescht Programme ginn iwwer ganz Cyclen, deels och iwwer de ganze Primaire oder de ganze Secondaire.

Wëssen, Fäegkeeten an dat richtegt Verhalen an ënnerschiddleche Kontexter zielen zu de Kompetenzen, sou wéi se am System vun den europäesche Schoulen definéiert sinn. Fachspezifesch Kompetenze gradewéi perséinlech a sozial Kompetenze sinn an all Programm definéiert. Fir all Programm gëtt et Descripteurs vun de Kompetenzniveauen, déi an deene jeeweilege Cyclen erreecht ginn.

An den europäesche Schoulen ass d'Struktur vun den europäesche Programme kuerz a prezis gehal. Dat léisst den Enseignanten aus deene verschiddenen nationale Schoulssystemer d'Flexibilitéit, fir dës Programmen am Hibleck op hiren nationale Kontext a mat hirem nationale Bagage ze enseignéieren.

Den Ensembl vun de Programme vun den europäesche Schoule berout op den aacht Schlësselkompetenze vum Europäesche Referenzkader fir Schlësselkompetenze fir de Lifelong Learning (Cadre européen des compétences clés pour l'apprentissage tout au long de la vie):

1. d'Kommunikatioun an der Mammesprooch;
2. d'Kommunikatioun a Friemsproochen;
3. d'Kompetenzen an der Mathematik an d'Basiskompetenzen an de Wëssenschaften an an der Technologie;
4. déi digital Kompetenz;
5. d'Léiere léieren oder d'Léierkompetenz;
6. déi sozial a biergerlech Kompetenzen;
7. den Esprit d'initiative et d'entreprise;
8. déi kulturell Sensibilitéit an déi kulturell Expressioun.

Dës Schlësselkompetenze sinn den Zougang zu de

<sup>2</sup> Cf. Annex 1 - Extrait vum Tableau mat den Equivalenzen (*Annexe à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

<sup>3</sup> <https://www.eursc.eu/fr/European-Schools/studies/syllabuses>





Programmer: Et ergi sech doraus didaktesch Prinzippien a Léierziler, ier et zu den eigentlechen Inhalter kënnst. D'Entwécklung vun de Kompetenze kann een also net um Niveau vun engem bestëmmte Schouljoer betruuchten, mee éischter als Zil fir den Enseignement primaire an den Enseignement secondaire an hirer Gesamtheit.

Detailer pro Cycle

- Early Education (Maternel)

Am Cycle maternel muss d'Kand sech Wëssen a Kompetenzen uneegnen, mee och gutt Léiergewunnechten, fir datt et deen néidege Bagage mat op de Wee kritt fir de Lifelong Learning.

Zil vum Early-Education-Programm ass et:

- d'Kanner op e glécklecht, gesond, responsabelt an erfollegräicht Liewe virzebereeden;

- hir Perséinlechkeet an hir Fäegkeeten ze entwéckelen;

- hiert Léierpotenzial ze developpéieren;

- de Respekt virun deenen aneren a virun der Ëmwelt ze fërderen;

- hinne bäizebréngen, hir Kultur, hir Identitéit, hir Wäerter souwéi déi vun deenen aneren ze respektéieren an ze schätzen;

- en europäesche Geescht ze promouvéieren.

D'Early Education besteet aus véier Beräicher: Ech a mäi Kierper, Ech als Persoun, Ech an déi aner, Ech an d'Welt. All Beräich gëtt ënner dräi Aspekter behandelt, déi op d'„enfant-élève“ zentréiert sinn:

- léieren, sech selwer ze sinn;

- léieren, mat deenen aneren ze liewen;

- sech Wëssen an Know-how uneegnen.

An deenen éischte Jore sinn den Enseignement an den Apprentissage holistescht an déi verschidde Fächer ginn net getrennt behandelt.

- Primaire

Am Primaire läit den Akzent op der Mammesprooch, der Mathematik an der éischter Friemsprooch, ouni datt awer d'Konscht, d'Musek, de Sport, d'Entdecke vun der Welt souwéi déi europäesch Stonnen, während deene Kanner vu verschiddenen Nationalitéiten zesummekommen, fir un ënnerschiddlechen Aktivitéiten deelzehuelen, géife vernoléisseggt ginn.

Den Apprentissage vun de Sproocher berout op enger kompetenzorientéierter Approche: mëndlechen a schrëftlechen Ausdrock, Héiervverstoen, Liesverstoën.

Fir den Enseignement an den Apprentissage vun der Mathematik ze verbesseren an ze beräicheren, maachen d'Enseignantë Gebrauch vun den TIC (technologies d'information et de communication). Den Enseignement berout op Software a spezifeschen Outils vun den europäesche Schoulen, wéi Intermath oder Matific.

Hauptzil vum Fach Découverte du monde ass et, de Schüler e gemeinsame Referenzkader ze ginn, deen hinnen et erlaabt, e Verständnis vu sech selwer a vun der Welt, an där si liewen, ze entwéckelen. De Programm besteet aus verschiddene Studieberäicher: Wëssenschaften an Technologie, Geschicht a Geografie souwéi dem soziokulturelle Beräich.

De Programm vun den europäesche Stonne gouf opgestallt, fir aus de Schüler souwuel tolerant wéi och wolwollend Membere vun der Gesellschaft ze maachen. Zil ass et, hir europäesch Kompetenz ze entwéckelen, fir datt si léieren, als Europäer ze denken, sech als Europäer ze fillen an als Europäer ze handelen. Dëst Fach leescht e bedeitende Bäitrag, net nëmme fir d'Entwécklung vun de Schülerinnen a Schüler hire kommunikative Kompetenzen, mee och fir hir sozial a biergerlech Kompetenzen a fir hiert kulturellt Bewosstsinn an hir kulturell Expressioun.

- Secondaire

De Cycle secondaire erstreckt sech iwwert siwe Schouljoren an deelt sech op an dräi Zyklen:

- Cycle d'observation (S1-S3);

- Cycle de préorientation (S4-S5);

- Cycle d'orientation (S6-S7), deen zum Baccalauréat européen féiert.

Während dem Cycle d'observation ginn déi meescht Fächer an der Mammesprooch respektiv der Haaptprooch vun de Schülerinnen a Schüler ousgeëiert. Hei huet een et mat engem Tronc commun ze din, ouni wierkleche Choix.

Am 4. a 5. Joer vum Secondaire ënnerdeelt sech den obligatoresche Cours vun de Sciences intégréées an dräi Fächer: Physik, Chimie a Biologie; d'Schülerinnen an d'Schüler hunn d'Wiel tëscht engem normale Mathéscours oder engem Cours avancé. Zu deenen aneren Optiounen zielen d'Ekonomie an eng drëtt Friemsprooch (Langue 4).

Déi 6. an déi 7. Klass vum Secondaire forméieren eng Unitéit, déi zum Baccalauréat européen féiert. Obwuel et e Kär vun obligatoresche Fächer gëtt (z. B. d'Mammesprooch, d'Langue 2, d'Mathematik, e Wëssenschaftscours, d'Philosophie, de Sport, d'Geschicht an d'Geografie), hunn d'Schülerinnen

an d'Schüler och eng breetgefächert Wiel un Optiounscoursë vun zwou Stonnen, véier Stonnen oder déi op engem Niveau avancé ousgeëiert ginn (cf. Baccalauréat européen). De Curriculum vun den europäesche Schoule kennt keng spezifescht Sektoune oder Divisioune, wéi se am nationale Schoulsystem ze fanne sinn.

Charakteristike vun den europäesche Programmen

Den europäesche Schoulen hire Curriculum an d'Fächer, déi si proposéieren, si vergläichbar mat deenen aus dem Enseignement secondaire classique (ënnescht an iewescht Klassen) an dem Enseignement secondaire général (ënnescht Klassen).

Och wann déi selwecht Inhalter traitéiert ginn, sou kann et awer Ënnerscheeder gi bei den didakteschen Approchen tëscht dem europäesche System an deenen nationale Systemer.

Et kann een hei e puer grondleeënd Prinzippien vun der europäescher Education an a puer Eegenaarte vun den europäesche Léierprogrammer ernimmen:

- Déi kapital Bedeitung vun der Mammesprooch oder der dominanter Sprooch vum Schüler an engem méisproochesche Schoulsystem

D'Schülerinnen a Schüler kréien en Enseignement an hirer Mammesprooch/dominanter Sprooch ugebueden (Choix vun der Sproochesektioun). De Schülerinnen a Schüler hir dominant Sprooch ass d'Basis fir d'Entwécklung vun de Kompetenzen an all deenen anere Sproochen, déi bei hinnen um Programm stinn. De System vun den europäesche Schoule berout op der Iddi, datt déi kontinuierlech Verbesserung vun de Kompetenzen an der dominanter Sprooch en Avantage ass fir den Apprentissage vun anere Sproochen an déi schoulesch Fortschreter an deenen anere Fächer stäerkt.

An de Sproochen orientéiert den Enseignement sech um Cadre européen commun de référence pour les langues (CECR). D'Mindestkompetenzen, déi an deene jeeeweilige Cyclë mussen erreecht ginn, si kloer definéiert.

Déi dominant Sprooch begleet de Schüler während senger ganzer Schoulzäit a spillt eng weesentlech Roll bis zum Baccalauréat européen.

- D'Wichtigkeet vu Programmen, déi op Schlësselkompetenzen ausgeriicht sinn, déi um Enn vun all Cycle mussen erreecht ginn

Déi europäesch Programmen, opgedeelt no Sproochesektiounen, sinn drop ausgeriicht, bei de Schülerinnen a Schüler Schlësselkompetenzen ze entwéckelen. Den integrierten Enseignement an Apprentissage souwéi den aktiven Apprentissage sinn als didaktesch Prinzippien virgeschriwwen. Fir all Cycle sinn d'Léierziler kloer definéiert.

Bei de Léiersupporten hunn d'Enseignanten d'Wiel - Schoulbicher gi weeder virgeschriwwen nach imposéiert.

- D'Wichtigkeet vun engem Bewäertungsprozess, deen sech als global an holistescht versteet

D'Berücksichtete vun de Schülerinnen a Schüler hire Fortschreter ass e Grondprinzip. D'Notten (sief et alphabetesch oder chiffriert) mussen all dem Enseignant seng Observatiounen a verfügbar Resultater erëmzipigelen. Op Basis vun der Nott kënnen dem Schüler seng Fortschreter an den Niveau, deen en erreecht huet, bewäert ginn.

- D'Wichtigkeet vun enger Politik vu schoulescher Ënnerstëtzung

Déi europäesch Schoule wenden eng Politik vu schoulescher Ënnerstëtzung un. Et gi verschidden Zorte vun Ënnerstëtzung ugebueden. D'Kanner sollen eng adequat Hëllef kréien, déi hinnen et erméiglecht, sech ze entwéckelen an opgrond vun hirem Potenzial ze progresséieren.

Passerellen an Iwwergäng tëscht dem europäesche System an dem nationale Schoulsystem

Um Enn vum Cycle 1.2 vun der Lëtzebuerger Grondschoul ginn d'Schülerinnen an d'Schüler an dat éischt Joer vum europäeschen Enseignement primaire opgeholl.

Schülerinnen a Schüler, déi déi Lëtzebuerger Grondschoul ofgeschloss hunn, ginn an dat éischt Joer vum Enseignement secondaire européen opgeholl op Basis vun der Décision d'orientation, déi si um Enn vum Cycle 4.2. vun der Lëtzebuerger Grondschoul kréien an déi hinnen eng Admissioun op eng 7<sup>e</sup> vum Lëtzebuerger Enseignement secondaire classique oder Enseignement secondaire général gëtt; dës Schülerinnen a Schüler mussen also de Cycle 4.2. mat Erfolleg ofgeschloss hunn.

Schülerinnen a Schüler aus anere Schoulsystemer (Niveau primaire) ginn an der Reegel an dat éischt Joer vum Secondaire ageschriwwen, wann si den Enseignement primaire an hirem Hierkonftsland mat Erfolleg ofgeschloss hunn.

E Schüler, dee vun enger P5 aus dem europäesche System kënnst, geet virun op eng S1.

Jee no Zenario kann d'Dauer vun der Sclarisatioun deemno effektiv variéieren.

Trotz dëser Feststellung ass et net opportun, an enger komparativer Demarche vu Schoulprogrammen eleng d'Dauer vun engem Schoulsystem ze betruuchten - e Verglach misst éischter op enger curricularer Analys vun deene verschiddene Schoulsystemer berouen, déi ënnerschiddlech, mee complémentaire sinn an déi et esou alle Schülerinnen a Schüler erlaben, dee schoulesche Parcours ze wielen, deen sech fir si am beschten eegent an hinnen déi beschte Chancë bitt fir virunzekommen.

**Question 6030** (06.04.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant les **rendez-vous pour un IRM** :

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5159 huet d'Ministesch versicht ze erklären, wisou et zu laange Waardezäiten a groussen Diskrepanzen, fir Rendez-vousen am IRM an de verschiddene Spideeler ze kréien, kënnst. Louch eis deemools eng Confirmation de Rendez-vous vir, bei där ee Patient aus dem CHL iwwer 80 Deeg misst op säi Rendez-vous waarden, sou läit eis haut eng Confirmation de Rendez-vous aus dem HRS vir, wou ee Patient 132 Deeg op säin Termin muss waarden.

Mam Schafe vun engem IRM am Oste vum Land um Potaschbiere gouf d'Aussicht op verkierzte Waardezäite geweckt. Des Weidere goufen dës Erwaardungen duerch d'Jugementer vum Verwaltungs- a Verfassungsgerecht bestäerkt. Op Basis vum Spidolsgesetz vun 2018 gouf d'Mise en marche vum IRM um Potaschbiere elo vun der Gesondheetsministesch gestoppt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Gesondheet dës Froe stellen:

1. D'Planung an d'Uschafe vun engem IRM kaschte vill Zäit. Wisou gouf d'Mise en marche vum IRM um Potaschbiere esou kuerzfristeg gestoppt?

2. Wéi hunn sech d'Chifferen aus der parlamentarescher Fro N° 4032 säit Januar entwéckelt? Wou stinn d'Delaie fir ee Rendez-vous fir den IRM haut?

3. Wat fir konkret Moosname goufe rezent ergraff, fir um informateschene ewéi dem net informatesche Wee den Zougang zum Plateau de radiologie mei effizient ze gestalten?

4. Plangt d'Madamm Ministesch, de legale Kader sou ze adaptéieren, dass IRMen am extrahospitalière Milieu dierfen duerchgefëiert ginn? Falls jo, wéini wier mat dësem legale Kader ze rechnen?

5. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Käschte vun dëse Servicern vun der CNS solle gedroe ginn? Wat geschitt, falls d'CNS decidéiert, dës Käschten net ze droen?

6. Ass d'Madamm Ministesch net der Meenung, dass d'Auswäiche vu ville Patienten op IRM-Servicer am Ausland, déi si dann zum Groussdeel aus der eegener Täsch bezuele mussen, zur Entwécklung vun enger Zwouklassemédezin bäidréit?

**Réponse commune** (13.05.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1. Den Exploitant ass informéiert ginn, dass seng Installatioun net de gesetzleche Dispositiounen entsprécht. Effektiv gesinn d'Bestëmmunge vum ofgeännerte Spidolsgesetz vum 18. März 2018 vir, datt d'Bedreiwe vun engem Centre de diagnostic souwéi och d'Installatioun vun engem IRM de Spideeler virbehalen ass an enger nationaler Planung ënnerläit.

ad 2. D'Delaie fir e Rendez-vous, fir en IRM ze kréien, hunn sech säit der progressiver Mise en place vun zousätzlechen IRMen an de véier Spideeler bis elo ëm ronn 20 % verbessert. Dëst ass virun allem bedéngt duerch déi véier zousätzlech IRMen, déi zënter 2018 accordéiert goufen, souwéi och d'Erweiterung vun den Auerzäiten. Krisebedéngt ass dës Evolutioun awer variabel no Spidol an no Typ vun Examen.

Urgent Rendez-vous kënnen weiderhi kuerzfristeg zougedeelt ginn.

De follgenden Tableau schlësselt d'Evolutioun vun de Waardezäite fir en Rendez-vous fir en IRM an de véier Spideeler säit 2018 op:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

ad 3. Den Zougang zum Plateau de radiologie an de verschiddene Spideeler gouf e. a. duerch eng informatesch Prise de rendez-vous vereinfacht.

Duerch den nationale Projet ANIM.LU sinn d'Billen vun den Examen doriwwer eraus och iwwer den DSP accessibel.

ad 4. De Gesondheetsministère ass amgaang, e Gesetzesprojet ze finaliséieren, deen ënner anerem virgesäit, datt an Zukunft zousätzlech IRMe kënnen

ausserhalb vun de véier Établissements hospitaliers exploitéiert ginn.

ad 5. D'Käschte vun de medezinneschen Akte kënnen vun der Krankeversécherung iwwerholl ginn, esoulaang de Plateau médico-technique am gesetzleche Kader vum Spidolsgesetz bedriwwen gëtt.

ad 6. Am Kader vun der Directive soins transfrontaliers sinn d'Patienten fräi, fir am Ausland Prestations médicales ze beusprochen. Et ass d'Zil, fir d'Verbesse- rung vun der Accessibilitéit esou ze assuréieren, dass dee Besoin limitéiert ass.

D'IRMe falen ënnert dës Direktiv, soudatt keng pre-label Autorisatioun iwwer den S2-Formular néideg ass. Dee Moment muss de Patient d'Käschte vun enger IRM am Ausland virstrecken an déi mussen och, an Applikatioun vun dëser Direktiv, vun der Gesondheetskeess zu de selwechte Konditiounen iwwerholl ginn, ewéi wann d'IRM um nationalen Territoire gemaacht gi wär. Well an der Reegel d'Käschte fir esou IRMen am Ausland méi héich sinn, virun allem an esouenannte „Privatklinicken“, muss dee Moment den Assuré en Deel selwer iwwerhuelen.

**Question 6031** (06.04.2022) de **Mmes Josée Lorsché**, **Stéphanie Empain** et **M. Marc Hansen** (*déi gréng*) concernant la **fermeture provisoire de la maternité du Centre Hospitalier du Nord** :

Vu que le Centre Hospitalier du Nord (CHdN) a été contraint de fermer provisoirement sa maternité en raison d'une pénurie de pédiatres respectivement de néonatalogues, et vu la non-conformité du fonctionnement de la maternité avec la loi hospitalière en vigueur, les femmes enceintes résidant dans la région nord et alentours se voient désormais contraintes d'accoucher dans une autre maternité du Grand-Duché.

Sachant que la naissance d'un enfant constitue une expérience considérée comme extrêmement marquante et épanouissante dans la vie des futurs parents et sachant qu'il s'agit de bien préparer le moment de l'accouchement ensemble avec la femme enceinte, en lui fournissant entre autres toutes les informations nécessaires et utiles relatives à l'accouchement, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Vu que le fonctionnement de la maternité du CHdN n'est pas conforme à la loi hospitalière de mars 2018, quelles sont les démarches que les différents ministres en fonction ont entreprises auprès de la direction du CHdN afin de prévenir la fermeture de la maternité depuis la mise en vigueur de ladite loi ?

2) La fermeture de la maternité a-t-elle dès lors été décidée en étroite concertation avec le Ministère de la Santé ?

3) Les informations des femmes et couples qui sont notamment destinées à établir un projet de naissance répondant à leurs désirs individuels et à aider les femmes enceintes à faire un choix éclairé compatible avec la sécurité et l'hygiène en la matière, tels qu'un accouchement naturel, un accouchement sous péridurale ou par césarienne, voire d'éventuelles interventions techniques et médicalementes, ont-elles été assurées et continuent-elles à être assurées à toutes les femmes enceintes concernées ?

4) À quel moment les futurs parents ont-ils été informés des changements et de l'impact que cette décision aura sur leur projet de naissance ? Le service d'obstétrique a-t-il assuré que les naissances initiées avant minuit aient pu se passer à Ettelbruck ou est-ce que des transferts de femmes vers d'autres maternités ont eu lieu après le déclenchement de la naissance ?

5) Depuis quand le personnel soignant est-il informé de la fermeture de la maternité ?

6) Madame la Ministre peut-elle confirmer que le fonctionnement des autres maternités du pays est assuré à long terme et que d'autres fermetures ne sont pas envisagées dans un avenir proche ? Une analyse portant sur le fonctionnement et la conformité des autres maternités avec la loi en vigueur a-t-elle été réalisée par le Ministère et quelles sont les cas échéant les conclusions qui en découlent ?

**Question 6047** (08.04.2022) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant la **maternité au Centre Hospitalier du Nord** :

D'Noriicht, datt d'Ettelbrécker Maternité hir Diere muss temporär zoumaachen, kouw fir vill Leit, dorënner och Acteuren, déi an deem Beräich schaffen, ganz iwwerraschend.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Vu wéini u war kloer, datt d'Ettelbrécker Maternité hiren normale Fonctionnement net méi garantéiere kann?

2. Gouf d'Madamm Minister ab deem Moment schonn direkt driwwer informéiert, datt et Problee-





mer gëtt, respektiv wäert ginn, wat den normale Fonctionnement vun der d'Ettelbrécker Maternité ugeet?

3. Ass d'Madamm Minister an deem Kontext net der Meenung, datt déi betreffen Acteuren hätte kënnen méi fréi reagéieren, fir d'Problemer am Fonctionnement vun der d'Ettelbrécker Maternité unzeschwätzen an ze reagéieren?

**Réponse** (06.05.2022) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** :

ad 1) + 2 ) de la question parlementaire n° 6031 et

ad 1) - 3) de la question parlementaire n° 6047 : La loi hospitalière prévoit que trois spécialités médicales doivent assurer une garde d'astreinte au sein d'un service de maternité, à savoir un médecin en gynécologie-obstétrique, un médecin spécialiste en pédiatrie et un médecin spécialiste en anesthésie.

Le service de garde en pédiatrie au CHdN était jusqu'ici assuré par quatre médecins-spécialistes. Suite à des absences à court terme de deux d'entre eux, l'obligation de garde telle que le prévoit la loi hospitalière n'a plus pu être remplie si bien de sorte que le service de maternité n'était plus conforme à la loi et que l'organisme gestionnaire s'est vu contraint d'arrêter les activités temporairement. Le Ministère de la Santé a confirmé le bien-fondé de cette décision de l'organisme gestionnaire. Au vu de l'imprévisibilité de cette évolution, la fermeture de la maternité n'a effectivement pas pu être anticipée et le Ministère de la Santé a contribué à la recherche de solutions pour éviter la fermeture officielle de la maternité. En raison du constat de la non-disponibilité d'un nombre suffisant de pédiatres pouvant assurer une garde d'astreinte au niveau de la maternité du CHdN, l'organisme gestionnaire et les représentants du Ministère de la Santé ont cherché à élaborer un concept organisationnel permettant de répondre aux besoins de sécurisation des situations d'urgence exceptionnelles se présentant à la maternité du CHdN.

ad 3) - 5) La prise en charge des parturientes pendant la période de fermeture a été élaborée en étroite collaboration entre la direction et les gynécologues respectifs. La prise en charge au niveau des deux maternités de Luxembourg-ville est retenue avec le gynécologue selon le projet de naissance retenu.

Les parturientes et le personnel ont été informés en fonction des décisions prises par l'organisme gestionnaire et selon les modalités retenues.

ad 6) Le ministère vise à assurer le maintien des activités des services obstétricaux dans les centres hospitaliers selon les dispositions de la loi. Les solutions retenues dans le cadre de la situation de la maternité du CHdN contribuent à sécuriser cette activité au bénéfice des patients.

**Question 6032** (06.04.2022) de **M. Sven Clement (Piraten)** concernant le **personnel de l'éducation** :

D'Education stellt e kruziale Sektuer an all demokrateschem Land duer, fir dass eng Gesellschaft iwwert mëndeg an emanzipéiert Bierger verfuegt.

De Wuesstem vum Lëtzebuurger Land huet an de leschte Joer dozou bäigedroen, dass de Besoin u Personal am Enseignement geklommen ass. Dës Entwécklung wäert och weiderhin ze beobachten sinn. An deem Zesammenhang ass et wichteg, dass d'Education keng Käschte scheit an iwwer genuch Personal an déi néideg Struktur verfuegt, fir hirer gesellschaftlecher Missioun gerecht ze ginn.

Sou ass et och noutwenneg, dass de legale Kader den zäitgenësseschen Erausforderungen am Sektuer gerecht gëtt, an deemno lafend adaptéiert muss ginn. Mam Gesetz vum 29. Juni 2017 goufen d'Strukture vum Enseignement fundamental reforméiert. Mat dëser Reform koumen eng Rei Change-menter, wéi z. B. d'Ersetze vum Inspektorat duerch Regionaldirektiounen, soudass Lëtzebuerg haut a 15 Regionaldirektiounen opgedeelt ass.

Dës Reform huet och gréisser Verännerunge mat sech bruecht, wat den Effektiv vum Personal ugeet. Eng Regionaldirektioun setzt sech aus jeeeweils engem Direkter, zwee bis véier „directeurs-ad-joints“, dem „personnel intervenant dans l'enseignement fondamental“ an dem „personnel administratif“ zesummen.

Dobäi komme jo och nach d'spezialiséiert Equippen, déi sech mat „enfants à besoins spécifiques“, „développement scolaire“, „compétences numériques“ an Inklusionsfroe beschäftegen, net ze vergiessen déi ganz „formation continue“.

Ouni d'Bedeutung vun engem gudden Encadrement a spezialiséierte Servicer klengrieden ze wëllen, stellt sech d'Fro vun engem beschtméiglechen Asetze vum Humankapital am Schoulwiesen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Bildung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Mataarbechter hunn d'Inspektorater vum Akraaftriede vum Gesetz vum 29. Juni 2017

gezielt? Wéi vill Mataarbechter zielen déi 15 Regionaldirektiounen haut?

2. Wéi huet den Effektiv vun den an der Education schaffende Leit zanter dem Akraaftriede vum Gesetz vum 29. Juni 2017 evoluéiert? (opgelëscht no Joer)

- Wéi ass d'Ënnerdeelung tëschent Fonctionnaires an Employéen?

- Wéi vill vun de Fonctionnaire gouden an der A1- a wéi vill an der A2-Karriär agefallt?

3. Ausgoend vum Gesamtpersonal an der Education, wei vill Leit halen effektiv Schoul (dat heescht sti reegelméisseg virun enger Schoul-klass)?

- Wei vill ass dat a Prozent?

- Wéi huet sech dës Zuel an de Prozentsaz zanter der Reform vun 2017 verännert?

- Wéi ass d'Entwécklung iwwert déi leschten zéng Joer gekuckt?

4. Dréit d'Rekrutementspolitik vun der Education nationale dem Ëmstand genuch Rechnung, datt et ëmmer méi Kanner gëtt mat sozialen, disziplinäreschen, relationellen oder emotionale Problemer?

**Réponse** (17.05.2022) de **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** :

ad 1. Virun der Reorganisation vum fréieren Inspektorat waren an den Arrondissementen insgesamt 59 Agenten engagéiert, dovunner 21 fréier Inspektoren an 32 administrativ Agenten. Aktuell zielen déi 15 Regionaldirektiounen un administrativen Niveau 15 Regionaldirekteren, 41 stellvertretend Regionaldirekteren a 60 administrativ Agenten.

ad 2. D'Zuel vun den äquivalente Vollzäitposten, déi ënnert der Leedung vun de Regionaldirektiounen agesat ginn, setzt sech iwwert den Zäitraum vun deene leschte fënnf Schouljoer folgendermoossen zesummen:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

ad 3. + 4. Am Kader vu menger Äntwert op d'Question élargie Nr. 106 vun der honorabler Députéierter Diane Aderm sinn ech op d'Evolution iwwert déi lescht zéng Joer vun de Ressourcen agaan, déi fir den Encadrement vun de Schülerinnen a Schüler am Grondschulalter zur Disposition stinn, an ech hunn heibäi dorop higewisen, datt et wichteg ass, de Gesamttableau vun de Ressourcen ze consideréieren, aus deem ervirgeet, datt ënnert dem Stréch elo méi Ressourcë fir den Encadrement vun de Schülerinnen a Schüler zur Disposition sti wéi nach viru gutt zéng Joer.

An enger éischter Phas no der Aféierung vum Contingent gouf effektiv d'Zuel vun den Encadrementsstonne pro Schüler an der nationaler Moyenne reduzéiert an entsprechend goufe Stonnen agespuert. Wann een d'Zuel vun den Encadrementsstonne pro Schüler aus dem Schouljoer vun 2010/2011 mat deenen aus dem Schouljoer vun 2015/2016 vergläicht, ass d'Zuel vun den Encadrementsstonne pro Schüler an der Landesmoyenne während dëser Period vun 2,28 op 2,23 gefall. Am Kader vun dëser Analys gouf d'Schoulpersonal consideréiert souwéi och déi spezialiséiert Enseignanten, déi direkt bei der Prise en charge vun de Schülerinnen a Schüler mat spezifische Besoine matwierken, an dat sozioedukatiivt Personal, dat am Precocé respektiv haut an der ESEB intervenéiert.

Nom Schouljoer 2015/2016 ass d'Zuel vun den Encadrementsstonne pro Schüler an der nationaler Moyenne nees geklommen, fir am Schouljoer 2020/2021 de Wäert vun 2,37 Leçone pro Kand ze erreechen. Deemno sinn d'Ressourcen an enger éischter Phas vu fënnf Joer ëm 2,1 % erofgaangen, fir duerno während fënnf Joer bis d'Schouljoer 2020/2021 ëm 6,3 % eropzegoen. Am Kader vun dëser Augmentatioun vun de Ressourcen, déi an de Grondschoulen intervenéieren, gouf spezifesch op de Rekrutement vu spezialiséiertem Personal gesat, fir esou de Schoule Spezialisten zur Verfügung ze stellen, déi um Niveau vun der Differenzéierung an der Prise en charge vun de Schülerinnen a Schüler mat spezifische Besoinen de pädagogeschen Ekippen zur Säit stinn an hei natierlech och aktiv matwierken, fir esou den Encadrement vun all de Kanner ze optimiséieren.

Aus dem Gesamttableau vun de Ressourcen aus der viregter Äntwert geet de Rekrutement vum spezialiséierte Personal um lokalen a regionalen Niveau iwwert déi lescht fënnf Joer kloer ervir. De Rekrutement vum spezialiséierte Personal ass onausweichlech fir sécherzestellen, datt zousätzlech Ressourcen net eenzeg fir d'Reduzierung vun der Klassegréisst genotzt ginn, mee fir d'Schafe vun Differenzierungsmesuren an eng optimal Ëmsetzung vun dësen am Kontext vun den eenzele Cyclen. De lokalen a regionalen Dispositif gëtt ergänzt duerch déi national Offer vun de Centres de

compétences, déi hirersäits duerch spezialiséiert Personal d'Prise en charge vun de Kanner mat spezifische Besoinen ergänzen.

**Question 6033** (06.04.2022) de **M. François Benoy (déi gréng)** concernant l'**assouplissement des règles sur les jachères** :

Suite à la guerre en Ukraine, les ministres européens de l'Agriculture ont donné le 22 mars 2022 leur accord à plusieurs propositions de la Commission européenne dont notamment l'utilisation des terres en jachère pour le pâturage ou la production de protéagineux.

Pourtant, plus que 600 expert-e-s scientifiques signataires d'une récente lettre<sup>4</sup> estiment qu'il serait une erreur d'abandonner les pratiques agricoles durables. Ils estiment que l'Europe devra plutôt revoir sa consommation, renforcer la stratégie « Farm-2Fork », éviter le gaspillage alimentaire et réduire l'utilisation d'engrais azotés.

Il est également à noter que le GIEC souligne à nouveau dans son dernier chapitre du 6<sup>e</sup> rapport, publié le 4 avril 2022, l'importance de l'utilisation durable du sol car tout changement de condition des terres a une incidence sur le climat mondial et régional.

Rappelons par ailleurs que la situation des habitats et des espèces s'est encore détériorée ces dernières années. Selon le dernier rapportage communautaire, 80 % des espèces au Luxembourg ont atteint un niveau de conservation précaire et deux tiers des habitats naturels se trouvent dans un état de conservation défavorable ou mauvais, l'agriculture exerçant une pression déterminante sur les habitats ainsi que sur les espèces.

Dans ce contexte je me permets de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Monsieur le Ministre peut-il préciser les conditions sous lesquelles il a autorisé l'utilisation des jachères au Luxembourg ? Pour quel type de culture et pour combien de temps cet accord a-t-il le cas échéant été donné ? Quel est le rendement agricole attendu ?

2) Combien et quels types de surfaces seront concernés et quelle est la valeur écologique des surfaces concernées ?

3) Considérant l'appel des experts scientifiques, quelles mesures Monsieur le Ministre envisage-t-il de prendre à court terme pour garantir une gestion efficace des ressources, pour lutter contre la réduction des engrais chimiques et le gaspillage alimentaire, et pour substituer des terres agricoles destinées à la production de nourriture pour bétails en faveur d'une production de denrées directement destinées à l'alimentation humaine ?

**Réponse** (06.05.2022) de **M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural** :

ad 1) Les agriculteurs ont été informés par un communiqué de presse publié sur le portail agriculture et dans la presse agricole luxembourgeoise. Les dérogations suivantes sont appliquées :

- Les surfaces déclarées comme jachère dans le cadre du régime de verdissement peuvent être pâturées ou ensemencées avec une culture arable. Comme cultures arables, le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural préconise les cultures de protéagineux.

- Les surfaces ainsi utilisées à la production agricole ne sont pas soumises à des restrictions particulières en matière de fertilisation et d'application de produits phytosanitaires.

- Les surfaces doivent toutefois être déclarées comme jachère pour être prises en compte comme culture à part dans le cadre de la diversification des cultures et comme surface d'intérêt écologique, tel que prévu par le régime du verdissement.

La dérogation prévue au règlement (UE) 2022/484 se limite à l'année culturale 2021-2022.

Le rendement agricole escompté est faible. En effet, en 2021, la surface en jachère déclarée dans le cadre du régime de verdissement par des producteurs soumis à l'obligation des surfaces d'intérêt écologiques s'élevait à 177 ha, dont 69 ha en jachère à couvert mellifère ; sachant toutefois que les producteurs ont déclaré au total 157,23 de jachère normale et 135,20 ha de jachère mellifère en 2021.

Comme le Luxembourg est solidaire avec les autres États membres, il a soutenu l'initiative de la Commission européenne et a décidé de mettre en œuvre cette proposition. Dans ce contexte, le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Déve-

loppement rural a notamment recommandé la mise en culture de légumineuses.

ad 2) En recoupant les données déclaratives de 2021 avec celles de 2022, le constat est le suivant :

- Jachère normale :

Des 157,23 ha déclarés en 2021, 125,30 ont été déclarés en 2022 par les mêmes producteurs avec les mêmes numéros de parcelles. Ces parcelles ont été déclarées en 2022 comme :

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

- Jachère mellifère :

Des 135,20 ha déclarés en 2021, 127,64 ha ont été déclarés en 2022 par les mêmes producteurs avec les mêmes numéros de parcelles. Ces parcelles ont été déclarées en 2022 comme :

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

Ces chiffres montrent clairement que l'impact sur la valeur écologique des surfaces est très limité, étant donné les dérogations n'ont pas vraiment été prises en compte.

ad 3) Il est à noter que dans le contexte du Plan stratégique national, que le Gouvernement a élaboré et qui établira, en accord avec la Commission européenne, le futur cadre de la politique agricole au Grand-Duché de Luxembourg, un certain nombre de mesures sont prévues pour optimiser la gestion des ressources, notamment pour réduire la fertilisation minérale, mais aussi pour augmenter l'autonomie et l'autarcie fourragère.

Par ailleurs, dans le cadre de la campagne de sensibilisation « Ensemble contre le gaspillage alimentaire / Zesumme géint d'Liewensméttelverschwendung », le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural poursuit ses efforts de sensibilisation de manière conséquente depuis 2016. Toutes les actions mises en place depuis lors peuvent être consultées sur [www.antigaspi.lu](http://www.antigaspi.lu), la toute dernière étant la mise à disposition d'une charte contenant des recommandations pour réduire le gaspillage alimentaire lors d'événements.

**Question 6034** (06.04.2022) de **M. Guy Arendt (DP)** concernant la **reconnaissance de l'examen de chasse français** :

Wéi den Ëmweltministère an engem Communiqué vum 6. Abrëll matdeelt, ass déi franséisch Juegdprüfung ab dem 31. Mäerz net méi zu Lëtzebuerg, an der Belsch an an Holland unerkannt, soudass eng Persoun mat engem franséische Juegdschäin dësen net méi ouni Problem hei am Land homologéiere loosse kann. Déi franséisch Juegdprüfung géif net de selwechte Krittäre wéi an de Benelux-Länner entsprechen, geet aus dem Communiqué ervir.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Aus wéi enge konkrete Grënn entsprécht déi franséisch Juegdprüfung net méi de Standarden an de Benelux-Länner?

2. Gouf et rezent Ännerungen un den Ufuerderungen entweder bei der franséischer Prüfung oder bei der Prüfung an de Benelux-Länner?

3. Wéi laang ass déi Diskrepanz tëscht dem Standard bei der franséischer Prüfung an deem an de Benelux-Länner bekannt?

4. Firwat ass dës Decisioun eréischt elo geholl ginn?

5. Wéi een Impakt wäert dës Decisioun op d'Unzuel vun de Jeeër hei am Land hunn?

Wéi vill franséisch Juegdschäiner sinn an de leschte fënnf Joer pro Joer zu Lëtzebuerg homologéiert ginn?

6. Wier et méiglech, dass Leit, déi déi franséisch Juegdprüfung gemaach hunn, hire Juegdschäin an engem anere Land homologéiere loossen an duerno dee Schäin zu Lëtzebuerg homologéiere loossen? Wa jo, wéi gedenkt d'Madamm Ministesch dës ze evitéieren?

**Réponse** (12.05.2022) de **Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable** :

ad 1. D'Lëtzebuurger Prüfung, fir de Juegdschäin ze maachen, huet een héije Standard. Nieft engem Stage vun aacht Méint um Terrain a 60 Stonnen theoreetescher Ausbildung, mussen d'Kandidaten eng schrëftlech, eng mëndlech an eng Schéissprüfung mat Sécherheetsparcours ofleeën. Dëst ass, bis op de Sécherheetsparcours, bei der franséischer Ausbildung net esou ginn, an entsprécht

<sup>4</sup> Pörtner, L., Lambrecht, N., Springmann, M., Bodirsky, B., Gaupp, F., Freund, F., Lotze-Campen, H., Gabrysch, S., We need a food system transformation - in the face of the Ukraine war, now more than ever, URL: <https://zenodo.org/record/6389348?YkwjV-hBy70>





domat net den Ufuerderunge vum Juegdgesetz: « [...] le détenteur du certificat étranger s’est soumis à des épreuves similaires à celles que comporte l’examen luxembourgeois ; [...] » (art. 60 de la loi modifiée du 25 mai 2011 relative à la chasse).

ad 2. Zu Lëtzebuerg ass et säit 2015 zu kenger Ännerung komm. Et ass nach ëmmer de „règlement grand-ducal du 7 mars 2015 concernant les conditions et modalités de l’examen d’aptitude pour la délivrance du premier permis de chasser“, wat d’Ufuerderungen an den Oflaf vun der Prüfung zu Lëtzebuerg definéiert.

ad 3. No dem Akraafttriede vum groussherzogleche Reglement iwwert de Juegdexamen gouf ee Constat vun der Naturverwaltung gemaach an dem Ministère matgedeelt.

ad 4. Well et keng unilateral Decisioun vu Lëtzebuerg war, mee eng gemeinsam Benelux-Decisioun, huet dat Zäit an Usproch geholl, fir zu engem Konsens ze kommen. Et gouf och am Virfeld vun der Benelux-Decisioun Gespréicher mat de franséischen Autoritéiten. Den Accord um Niveau vun der Benelux ass eréischt dëst Joer zustane komm.

ad 5. Ech verweisen hei op d’Äntwert op d’parlamentaresch Fro N° 5736 vum 10. Februar 2022.

ad 6. Nee, dëst ass net méiglech, well net de Juegdschäin unerkannt gëtt, mee de Juegdexamen.

**Question 6035** (07.04.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant les **vaccins périmés** :

Wéi den Artikel „Nachfrage für Impfungen rückläufig - Tausende Dosen landen im Müll“ am „Wort“ vum 5. Abrëll bestätegt, sinn d’Impfstatistike säit Enn Januar staark réckleefeg. An deem Kontext stellt sech da widderhuelt d’Fro, wat mat deenen Impfstoffer geschitt, déi sech hirem Oflafdatum rapprochéieren. Enn des Mounts wäerten eng 4.700 Dosen AstraZeneca oflafen. Am Artikel heescht et, dass keng konkret Vereenbarunge bis elo mat anere Länner getraff gi wieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Gesondheet a fir Kooperatioun dës Froe stellen:

1. Wat fir konkret Aktiounen hunn de Gesondheits- a Kooperationsministère säit dem Oflafe vun den 13.000 AstraZeneca Dosen am Dezember 2021 ënnerholl, fir Impfdosissen, déi op hiren Oflafdatum zouginn, un aner Länner weiderzeginn?

2. Gouf et konkret Diskussiounen mat engem vun eise siwe Partnerlänner zu dësem Thema? Wa jo, mat wéi a wéini?

3. Déi 4.700 Dosen AstraZeneca wäerte warscheinlech net méi kënnen virun der Zerstéierung gerett ginn. Déi nächst Dosen Johnson&Johnson lafen den 1. Juni 2022 of. Wéi eng konkret Pläng huet de Ministère bis elo opgestallt, fir dës Dose weider kënnen ze ginn, vu dass dovun auszegoen ass, dass dës net méi all opgebraucht wäerte ginn?

**Réponse commune** (10.05.2022) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Franz Fayot**, *Ministre de la Coopération et de l’Action humanitaire* :

ad 1. Wéi d’Gavi, d’Organisatioun, déi zoustänneg ass fir d’international Verdeelung vun Impfdosissen iwwert de COVAX-Mechanismus, ënnersträicht, kënnt et bei all Impfcampagne zu Zerstéierung vun Impfdosissen; déi weltwäit Impfcampagne géint de Covid-19-Virus ass do keng Ausnam.

D’Ministère hunn, wéi och virun, eng Rei Demarchen ënnerholl, fir Impfdosissen un aner Länner weiderzeginn an ze evitéieren, dass Dosisse mussen zerstéiert ginn. Dëst geschitt souwuel um multilaterale wéi och um bilaterale Plang.

D’Majoritéit vun den Impfdosissen, déi Lëtzebuerg deelt, ginn iwwert de COVAX-Mechanismus vun der Gavi mat anere Länner gedeelt. Dee multilaterale Wee gëtt privilegiéiert, well de COVAX-Mechanismus et erméiglecht, d’Donatiounen doriwwer juristeschem a logisteschem ze encadréieren.

Op EU-Niveau, a vun der EU, gëtt probéiert, dës Donatiounen esou gutt wéi méiglech iwwert de COVAX-Mechanismus ze facilitéieren. Et kann heiandsdo virkommen, dat Impfdosisse vun der Gavi iwwert de COVAX-Mechanismus un Entwécklungslänner allouéiert ginn, mee datt déi Länner d’Donatiounen am Endeffekt net akzeptéieren. An deene Fäll probéiert d’Gavi, d’Dosissen un aner Entwécklungslänner ze proposéieren, bis dass et duerch den Oflafdatum aus Sécherheetsgrënn net méi méiglech ass, dës Impfdosissen ze benotzen. An deem Fall mussen se zerstéiert ginn.

Dat hat um Ufank mat de limitéierten Absorptionskapazitéite vun de betraffene Länner ze dinn, an och domat, dass den Interêt fir d’Impfungen an de Rhythmus vun den Impfcampagnë relativ niddereg war. Mee a leschter Zäit huet et ëmmer méi domat ze dinn, dass d’Disponibilitéit vun den Impfstoffer weltwäit staark eropgaangen ass, an doduerch d’Demande fir Donatiounen erofgaang ass.

E klengen Deel vun den Impfdosissen huet Lëtzebuerg iwwert de bilaterale Wee gedeelt. Bei dësen direkte bilateralen Donatiounen ass et esou, dass et sech ëm Impfdosissen handelt, déi scho geliwwert goufen an an de Länner, also zum Beispill zu Lëtzebuerg, stockéiert sinn. Déi Donatiounen si méi komplizéiert ze organiséieren. Heifir mussen als éischt interesséiert Länner fonnt ginn. Da mussen, och aus Responsabilitéitsgrënn, mat de Producteuren zousätzlech Kontrakter ënnerschiwwen ginn, fir den Transport an d’Donatioun juristeschem ze encadréieren. Schlussendlech muss dann den Transport organiséiert ginn, dee bei klengen Quantitéiten net käschtegenschteg ass a jee no Impfung méi komplizéiert ass.

Och hei ass, wéinst der wäit verbesserter weltwäiter Verfügarkeet, d’Demande no bilateralen Donatiounen staark erofgaang. Doduerch ass et méi schwéier, Länner ze fannen, déi un der direkter bilateraler Donatioun vun Impfdosissen interesséiert sinn. Falls sech keng interesséiert Länner fannen, da kann et sinn, dass duerch déi uewen erwäunte Sécherheetsgrënn Impfdosissen net méi kënnen gedeelt ginn.

All d’Partnerlänner vun der Kooperatioun si vun onsen Ambassaden am Laf vun de leschte Méint kontaktéiert gi fir Demarchen, fir eventuell bilaterale Donatiounen vun Impfdosissen ze initiéieren. Iwwert déi Donatiounen eraus, déi Lëtzebuerg schonn organiséiert huet, hunn ons Partnerlänner dës Offer keng Suite ginn. Och LuxDev, d’Lëtzebuerger Entwécklungsagence, déi an onse Partnerlänner present ass, krut rezent keng Demanden an där Hisiicht.

Nieft den Donatiounen vun Impfdosissen, huet Lëtzebuerg och Donatiounen gemaach vu Frigoen, fir Impfstoffer ze stockéieren. Dëst ass gemaach ginn, fir de Länner et sou ze erlaben, fir iwwer eng Stærkung vun der „chaîne du froid“, hir Impfcampagne besser ze organiséieren an esou d’Absorptioun vun Impfdosissen ze erhéijen an doduerch och d’Zerstéierung vun Impfdosisse sou vill wéi méiglech ze evitéieren.

ad 2. Et gëtt hei op d’Äntwert op déi éischt Fro verweisen.

ad 3. Déi 4.700 Dosen AstraZeneca wäerten effektiv zerstéiert ginn.

Déi Dose vun Johnson&Johnson, déi den 1. Juni 2022 oflafen, wäerten och zerstéiert musse ginn, well keen Interesse ugemellt ginn ass vun engem Land, fir dës ze iwwerhuelen.

**Question 6036** (07.04.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant la **responsabilité civile de la Commission européenne en cas de fermeture du site de production du groupe industriel Liberty Steel à Dudelange** :

D’Zukunft vun der Diddelenger Schmelz läit weider am Ongewëssen. Et léisst sech awer mat Sécherheet feststellen, datt dës Situatioun hätt kënnen vermidde ginn, wann ArcelorMittal net gezwonge gewiescht wier, d’Diddelenger Wierk un de „Group Liberty House“ ze verkafen, fir sech am Kader vum Erwerb vun der „Ilva SPA“ zu den Exigenzen vun der EU-Kommissioun ze konforméieren, wéi d’Regierung och selwer an hirer gemeinsamer Äntwert vum 23. Abrëll 2021 op déi parlamentaresch Froen Nummer 4091 a 4121 vun den honorabelen Deputéierte Gusty Graas a Roy Reding schreift, an och an der Äntwert vum 10. Juni 2021 op d’parlamentaresch Fro Nummer 4460 (nach eng Kéier vun honorabelen Deputéierte Roy Reding) widderhëlt.

Op d’Fro, wéi eng europarechtlech Konsequenzen d’Regierung aus dëser Affär ze zéie gedenkt, notamment am Hibleck op déi zivilrechtlech Responsabilitéit vun der EU-Kommissioun, ass d’Regierung an där genannter Äntwert op d’Fro Nummer 4460 allerdéngs net agaangen. Bei hirer Visitt vum 4. Abrëll huet déi verantwortlech Madamm EU-Kommissar Margrethe Vestager du virun der zoustänneger Chamberskommissioun ausgesot, datt eng zivilrechtlech Haftbarkeet vun der EU grondsätzlech besteet.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- Gesäit d’Regierung eng Plainte géint d’EU-Kommissioun virum Europäesche Gerichtshaff vir, fir de Fall, datt d’Diddelenger Schmelz muss zougemaach ginn?

**Réponse commune** (11.05.2022) de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l’Économie*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

Esou wéi sech den Dossier ronderëm de Site vu Liberty Steel zu Diddeleng presentéiert, envisagéiert d’Regierung net, fir déi europäesch Kommissioun fir dës Situatioun juristeschem haftbar ze maachen.

D’Efforte vun der Regierung konzentréieren sech villméi dorop, fir an enger Zesummenaarbecht mat de Gewerkschaften déi verschidden Optiounen ze studéieren, fir dass, wann néideg, en aneren Acteur

den Diddelenger Betrib kéint iwwerhuelen, fir esou Aarbechtsplazen an eng industriell Aktivitéit op deem Site ze erhalen.

**Question 6037** (07.04.2022) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant les **maladies liées au travail de bureau** :

Déi zu Lëtzebuerg dominéierend tertiär Economie an den hir zugronn leienden Déngschtleeschtingssecteur hunn dofir gesuergt, dass d’Berufsliewe vun ëmmer méi Leit vu Büroaarbecht gepräagt ass.

Mam ville Sëtze sinn awer och divers gesondheetlech Problemer a Verbindung ze bréngen. Vun héijem Bluttdrock, Iwwergewicht a Réckwéi, bis hin zu Diabetes an enger verkierzter Liewenserwaardung: D’gesondheetlech Konsequenze vun dëse Büroskrankheete sinn net ze ignoréieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Sozialversécherung dës Froe stellen:

1. Leien dem Ministère Zuele vir, déi d’Evolutioun vun der Heefegkeet vun esou Büroskrankheete weisen? Wa jo, wéi hunn sech dës Zuelen an de leschten zéng Joer entwéckelt?

2. Wat fir Krankheeten trieden hei am heefegsten op?

3. Wéi huet sech d’Zomm vun de Remboursementen vun der CNS fir Behandlungen am Zesummenhang mat Büroskrankheeten an de leschten zéng Joer entwéckelt?

Wéi héich ass d’Zomm vun de Remboursementen vu Behandlungen vun engem Dokter?

Wéi héich ass d’Zomm vun de Remboursementen vu Behandlungen vun engem Kiné?

4. Wéi huet sech d’Zomm vun de Remboursementen vun den Zousazversécherungen fir Behandlungen am Zesummenhang mat Büroskrankheeten an de leschten zéng Joer entwéckelt?

5. Wat fir konkret Preventiounsmoossnamen ënnerhëlt de Ministère, fir Employeur an Employé op dës Niewewierkungen opmierksam ze maachen?

**Réponse commune** (17.05.2022) de **M. Claude Haagen**, *Ministre de la Sécurité sociale*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. + 2. Déi global Aktivitéitsrapporte vun den aarbechtsmedezinnesche Servicere iwwereng keng national Statistiken iwwert d’gesondheetlech Problemer, déi bei den Ënnersichungen detektéiert gi sinn.

Déi meescht gesondheetlech Problemer, déi an de jeeweilege Betriber fonnt ginn, sinn Aeuproblemer, schlecht Gehéier, héije Bluttdrock, mental Problemer (Stress, Depressioun, Burn-out, ...) a Réckeproblemer.

D’Ursaachen dofir sinn zum Beispill schlecht Ernierung, Stress a Mangel u Bewegung, souwéi aner Risikofacteur wéi Fëmmen, Alkohol, Ëmweltgëfter an exzessive Kaméidi. Och psychosozial Facteur wéi Einsamkeet, Leeschtungsdruck a Medieniwwerstimulatioun kënnen krank maachen.

Ganz allgemeng muss een an deem Kontext feststellen, datt déi gesondheetlech Problemer, déi ugeschwat ginn, „Zivilisationskrankheeten“ duerstellen, déi nëmmen deelweis mat enger berufflecher Aktivitéit verbonne sinn, och wann eng „Tertiäriséierung“ vun enger Wirtschaft natierlech och e Facteur ass, dee verschidde Krankheete ka verstärken oder erviruffen. Mee global ass et éischter d’Liewensweis vun enger „moderner“ Gesellschaft souwéi och vum perséinlechen an och privaten, psychosozialen Ëmfeld, déi dozou féieren, datt verschidde Pathologien méi staark optrieden.

ad 3. + 4. Et ass der Gesondheetskeess net méiglech, en zouverlässeg Zesummenhang tëscht de Remboursementen vu Behandlungen an de Büroskrankheeten ze maachen. D’Prise en charge vun den Traitementen erlaabt et net, en direkte Lien mat enger „Büroskrankheet“ hierzustellen. Et misst also schonn eng detailléiert Etüd gemaach ginn, wou déi verschidden Acteure misste befreit ginn, fir kënnen Donnéeën a méi prezis Aussoen ze maachen.

ad 5. D’Aktiounen vum Gesondheitsministère am Beräich Gesondheet a Sécherheet op der Aarbechtsplaz, déi och an der Strategie „VISION ZERO“ (www.visionzero.lu/campagne) vun der Onfallversécherung (AAA) virgesi sinn, sinn:

- Preventioun vu Krankheeten a Promotioun vun der Gesondheet op der Aarbechtsplaz duerch verschidden national Gesondheitspläng.

- D’national Promotioun vun de beschte Firmeprojecten a puncto Gesondheet op der Aarbecht „best practices“ duerch den nationale Sécherheets- a fréiere Gesondheitspräis, deen duerch dräi Ministère vergi gëtt: Aarbecht, sozial Sécherheet a Gesondheet.

Déi meescht national Gesondheitspläng hunn all e spezifesch Volet vun Aktiounen, déi op der Aar-

bechtsplaz ausgefouert ginn. D’Aarbechtsdokteren an Zesummenaarbecht mat de Patronen a Gewerkschafte sinn ons Partner, fir d’Aktiounen um Terrain ze maachen.

Beispiller vu konkreten Aktiounen op der Aarbechtsplaz gëtt et an den nationale Pläng iwwert Kriibs, Drogen, Tubak, GIMB, Suizid etc.

Wat d’Réckeproblematik ubelaangt, finanzéiert de Gesondheitsministère déi national Réckeschoul (Prévendos), déi vum Service de santé au travail multisectoriel (STM) bedriwwen gëtt.

Des Weidere bitt d’AAA eng Aart Kalenner mam Numm „En forme sur le lieu de travail“ un, vun deem d’Leit kënnen gratis profitéieren. Et handelt sech heibäi ëm e Programm mat ganz simplen Deenungs- a Verstärkungsübungen, déi Stéierungen um Niveau vum Skelett an de Muskele vermeiden an d’Gesondheet fir Büroaarbechte verbessere sollen, andeems geziilt op individuellen oder ganze Partiën vum Kierper geschafft gëtt. Dës Übungen, déi wéineg Zäitopwand mat sech bréngen, sinn op wöchentliche Kalenneren duergestallt a fuerdere kee speziell d’Material.

Och gi cibléiert Konferenze während de „Forums sécurité-santé“, déi all Joer vun der AAA, a Kollaboration mat der Union des entreprises luxembourgeoises (UEL) an dem Institut national pour le développement durable et la RSE (INDR) an am Kader vun der nationaler Strategie „VISION ZERO“, organiséiert ginn, ugebueden.

Global maachen all d’aarbechtsmedizinnesch Servicer Preventioun, déi spezifesch op de jeeweilege Secteur orientéiert ass.

Dës Preventioun geschitt duerch allgemeng Sensibiliséierungsmoossnamen vun den aarbechtsmedezinnesche Servicere, awer och individuell wéi z. B. duerch psychologesch Betreieung am Kader vun der preventiver Betreieung.

Op den Internetsitte vun der AAA oder der STM sti weider Infoen zur Verfügung.

Méi allgemeng ass eng reegelméisseg Bewegung immens wichteg, fir verschidde Krankheete virzebeugen ewéi och hiren Impakt ze limitéieren. Ee vun den Hauptproblemer ass nämlech de Manktem u Bewegung, sieft dat, well ee vill am Büro sëtzt, oder eeben duerch de Liewensstil vun eiser Gesellschaft, wou eng reegelméisseg Bewegung net stattfënn.

Hei spillen d’Initiativen „Sport-Santé“ an och „Gesond lëssen, Méi beweegen“ eng wichteg Roll puncto Preventioun an och, fir bei verschiddene Krankheeten de Risiko ze reduzéieren. Esou gouf zum Beispill en „Aktimeter“ developéiert an un all Dokter verschéckt, grad ewéi un aner zentral Acteuren, fir datt se zesumme mam Patient kënnen determinéieren, ob si genuch Aktivitéit maachen an ewéi eng Aktivitéit ubruecht ass. Dës kann och op der Internetsäit sante.lu/de/aktimeter/>> https://www.sportsante.lu/de/aktimeter/ consultéiert ginn.

**Question 6039** (07.04.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant le **soutien de la Pologne dans le cadre de la guerre en Ukraine** :

Polen ass dat Land, dat mat als éischt an am meeschte mat dem Drama vun der ukrainescher Flüchtlinge konfrontéiert ass. Eenzel Reportagéisen, wéi staark gefuerdert vill polnesch Gemengen un der ukrainescher Grenz sinn, fir d’Flüchtlingen opzehuelen, ze registréieren an hinnen dat Néidegste zur Verfügung ze stellen. Verschidde Burgermeeschtere wëssen hirer Hänn kee Rot an appelléieren iwwer YouTube un Hëllef, och aus dem Ausland.

Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Baussemister :

1. Huet Polen bilateral oder am europäesche Kader ëm Ënnerstëtzung gebieden? Wa jo, ënnerstëtzt oder initiéiert Lëtzebuerg bilateral oder op europäeschem Niveau Moossnamen, fir de polnesche Grenzgemengen an dëser schwiereger Situatioun ze hëllefen?

2. Wa jo, wéi wëll Lëtzebuerg Polen a senger Grenzgemenge mat der Ukrain ënnerstëtzen?

**Réponse** (06.05.2022) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

Lëtzebuerg huet keng direkt bilateral Ufro fir Ënnerstëtzung vu polnescher Säit kritt.

Am europäesche Kader goufe Moossnamen geholl, fir EU-Fonge sou ze reorientéieren, fir ukrainesche Flüchtlinge besser hëllefen ze kënnen. Eng Rei Memberstaaten, dorënner och Polen, hunn ëm zousätzlech Moossnamen am Kader vun der Kohäsionspolitik gebieden. Déi Demanden gëtt aktuell vun der Kommissioun evaluéiert.

Lëtzebuerg huet am Rot vun der EU déi gesetzlech Ännerungen ënnerstëtzt, fir et de Memberstaaten - dorënner also och Polen - ze erméiglechen, EU-Fongen am Kader vun der Flüchtlingskris ze mobiliséieren. Déi Fonge kënnen elo benotzt ginn, fir



d'Grondversuergung vun de concernéierte Leit ze assuréieren.

**Question 6040** (07.04.2022) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant la **sécurité des chauffeurs de bus** :

D'Gewalt am ëffentlechen Transport etabléiert sech als Dauertheema. D'Buschauffeure an d'Zuchpersonal si besonnesch dacks d'Affer vun Attacken. Fir dës Fro huele mir den Zäitraum vun 2014 bis elo. An dem Kontext wéilt ech dës Froen un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, d'Madamm Minister fir Justiz an den Här Minister fir Mobilitéit stellen:

1. Zeechent sech en eenheetlechen Täterkrees bei den Attacken op Buschaufferen an op d'Zuchpersonal of? Wie si majoritär déi Leit, déi hei aus der Roll falen, wat ass hiren Alter, wat sinn hir Originnen? Wéi vill sinn der rechtskräfteg verurteelt ginn? Zu wéi enge Strofe goufen déi Leit verurteelt? Kann d'Regierung d'Attacken no Joren zäitlech opschlësselen?

2. Wéi vill Passagéier goufe bis elo ugegraff? Wéi eng Konsequenzen haten esou Doten?

3. Wat si generell d'Ursaache fir esou Ausenanersetzungen? Gëtt et e Muster, wéi esou Situatiounen eskaléieren?

4. Ass eng Schutzkabinn fir d'Chauffere sënnvoll (a wie géif déi bezuelen)?

5. Wär eng Begleetpersoun am Bus wéi am Zuch sënnvoll? Wéi ginn d'Buschauffeuren an d'Zuchpersonal op geféierlech Situatioune virbereet? Ginn d'Affer vu Gewaltdoten am ëffentlechen Transport psychologesch gratis begleet?

**Réponse commune** (11.05.2022) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*, et de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

Den éierewäerten Deputéierte werft Froen zur Sécherheet am ëffentlechen Transport op a freet an senger parlamentarescher Fro no der Envergure vun Attacken a méigleche Moossnamen, fir d'Sécherheet an d'Luucht ze setzen.

Zum Punkt vum Täterkrees kann d'Police keng detailléiert Zuelen zu den eenzele Froe liwweren. D'Datebanke vun der Police erméiglechen et nämlech net, eng automatiséiert Recherche op sämtlech Incidenten zum Thema Gewalt am ëffentlechen Transport ze maachen an dobäi op de Beruff oder Statut vun der Victime (z. B. Buschauffer, Zuchpersonal, Passagéier am ëffentlechen Transport asw.) oder den Uert, wou sech d'Infraktioun zougedroen huet (Bus, Zuch, Gare asw.), ze filteren.

Ausserdeem féiert d'Police keng Statistiken iwwert den Alter oder d'Originne vun Täteren bei Strofdoten. D'Verurteelungen an déi verhaange Strofe leien ausserhalb vum Kompetenzberäich vun der Police.

D'Gesetz vum 19. Juni 2009 betreffend d'Sécherheet am ëffentlechen Transport ass net am informatésche System vun de Justizautoritéiten (JUCHA) libelléiert. Am Fall vun Attacke ginn d'Buschaufferen am JUCHA als Victime agedroen. Am JUCHA gi keng Informatiounen iwwert de Beruff vun der Victime agedroen, soudass weeder Statistiken zum Täterkrees (Alter an Originnen) nach zu der Unzuel vun de Verurteelungen oder der Unzuel vun Attacken op Passagéier kënnen geliwwert ginn. Am Fall vun Attacken am ëffentlechen Transport gi follgend Artikelen als Infraktioun libelléiert :

- Artikel 327 aus dem Code pénal (Menaces): « Quiconque aura, soit verbalement, soit par écrit anonyme ou signé, soit par tout autre procédé analogue, avec ordre ou sous condition, menacé d'un attentat contre les personnes ou les propriétés, punissable d'une peine criminelle, sera puni d'un emprisonnement de six mois à cinq ans et d'une amende de 500 euros à 5.000 euros.

La menace soit verbale, soit par écrit anonyme ou signé, soit par tout autre procédé analogue, d'un attentat contre les personnes ou les propriétés, punissable d'une peine criminelle, non accompagnée d'ordre ou de condition, sera puni d'un emprisonnement de trois mois à deux ans et d'une amende de 500 euros à 3.000 euros.

Dans les cas prévus par cet article, le coupable pourra, de plus, être condamné à l'interdiction, conformément à l'article 24. »

- Artikel 398 aus dem Code pénal (Coups et blessures): « Quiconque aura volontairement fait des blessures ou porté des coups sera puni d'un emprisonnement de huit jours à six mois et d'une amende de 251 euros à 1.000 euros, ou d'une de ces peines seulement.

En cas de préméditation, le coupable sera condamné à un emprisonnement d'un mois à un an et à une amende de 500 euros à 2.000 euros. »

Och d'Operateuren erstelle keng Täterprofiller an erfaassen och selbstverständlech keng Daten iwwer Alter oder Originnen.

D'Gesetz vum 19. Juni 2009 betreffend d'Sécherheet am ëffentlechen Transport gëtt dem Transportminister och d'Méiglechkeet, eng Persoun bis zu engem Joer aus dem ëffentlechen Transport auszeschlëssen.

Vun den Operateure vum ëffentlechen Transport goufe folgend Aggressiounen, opgedeelt op den „transport rail“ an op den „transport par route“, tëschent 2014 a 2022 géigeniwwer Personal vum ëffentlechen Transport festgestallt:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

Follgend Aggressiounen goufen tëschent 2014 a 2022 géigeniwwer Passagéier festgestallt:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

Wat déi generell Ursaache fir esou Ausenanersetzunge sinn, esou erfaasst d'Police keng esou Donnéeën statistesch.

D'Operateure bestätegen awer, dass virum gratis ëffentlechen Transport am Joer 2020 d'Aggressiounen op d'Personal vum ëffentlechen Transport haaptsächlech op d'Billjeeskontroll an de Verkaf zeréckzeféiere waren. Vill Ausenanersetzunge schéngen säit Corona op d'Respektéiere vun der Maskepflicht zrëckzegoen. Vusäite vun den Operateure gouf de Chaufferen an och dem Zuchpersonal geroden, keng Konfrontatioun ze sichen, och wann e Passagéier kee Mundschutz dréit.

Aner Eskalatioune fannen éischter dobaussen, op enger Gare, engem Pôle d'échange oder engem Arrêt statt.

D'Propositioun fir Schutzkabinne fir Buschauffere koum op am Kader vun enger Entrevue Ausgangs 2021 tëschent de concernéierten Acteuren a Gewerkschaften a presidéiert vum Mobilitéitsminister. Prinzipiell gouf d'Iddi approvéiert. Schutzkabinne kënnen Buschauffeuren effektiv bei enger Aggressioun schützen.

De Moment analyséieren déi zoustänneg Servicer am Mobilitéitsministère an an der Verwaltung fir ëffentlechen Transport, zesumme mat de Busbedreiwer vum RGTR an den CFL, wat Sënn mécht a wat technesch machbar ass: Et bleift zum Beispill ze definéieren, wéi en Niveau vun Ofsécherung soll agebaut ginn. Och stellt sech d'Fro, ob Kabinne solle réckwierkend am existente Fuerpark nogerüst ginn. Et ass och feststellen, datt verschidde Constructeure vu Busse guer keng Léisungen ubidden, besonnesch net am regionale Fuerpark (Iwwerlandbussen).

All dës Elementer hunn och grouss Auswierkungen op de Käschtepunkt. Et kann een domat rechnen, datt jee no Modell a Sécherheetsniveau tëschent 1.000 a 17.000 Euro pro Kabinn fir en neie Bus veranschlagt ginn, bei Norüstungen nach méi. Eleng am RGTR fueren iwwer 1.400 Bussen.

An der Ausschreiwung fir d'RGTR-Exploitatioun, déi am September 2020 lancéiert gouf a wou d'Kontrakter am Juli 2022 operationnel a Kraaft trieden, ware keng Kabinne virgesinn. Et ass also deemno och 2022 kee Budget dofir virgesinn.

D'CFL wäerten d'Ubrénge vun esou Viriichtunge beim Führerstand och bei zukünftegen Ausschreiwunge fir nei Busse berücksichtegen.

Bei der Police besteet eng Haaptmissioun doranner, d'Sécherheet vu Persounen an Egentum ze assuréieren, och am ëffentlechen Transport. Dowéinst mécht d'Police reegelméisseg Patrullen a Kontrollen am Beräich vun ëffentlechen Transport an intervenéiert allkéiers, wou en Incident gemellt gëtt. Zousätzlech ginn e puermol am Joer zesumme mat der Douane an den CFL preventiv Aktiounen organiséiert, dëst haaptsächlech an den Zich an op de Garen.

Fakt ass, dass d'Police sech reegelméisseg mat de jeeweiligen Acteure vum ëffentlechen Transport austauscht a bei där Geleeënheet och Preventiounsmessagë vermëttelt.

Fir d'Personal vun den CFL beschtméiglech op geféierlech Situatioune virzebereeden, ginn a reegelméissegem Ofstänn Formatiounen organiséiert, wou ënner anerem d'Gestioun vu Konfliktsituatiounen thematiséiert gëtt.

D'Personal vun den CFL, dat Affer vun enger Aggressioun ginn ass, huet d'Méiglechkeet, fir sech vum dem Service psychologie gratis begleeden ze loossen.

Wat d'Fro zum Sënn vun enger Begleetpersoun an all Bus ugeet, ass ze bedenken, dass weinst der Gréisst vum Busnetz esou e System net realisabel wier. Eleng am RGTR gëtt et iwwer 3.000 Chaufferen, zousätzlech zu deene vun TICE, CFL an AVL.

Den Notze stéing net am Verhältnis zum Opwand an dofir gëtt op aner Méiglechkeeten zrëckgegraff, esou wéi z. B. déi ernimmte Kabinnen a Kontrollen an eng generell Videoiwwerwaachung am ëffentlechen Transport.

**Question 6041** (07.04.2022) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant le **permis de chasse français** :

Wéi den Ëmweltministère de 6. Abrëll 2022 matgedeelt huet, géifen d'theoreetesche a praktesch Kenntnisser vu franséische Juegdprüfungen net méi dem Standard vun de Benelux-Länner entsprechen.

Direkt ëmgemat gëtt deemno, dass d'franséisch Juegdprüfung net méi an de Benelux-Länner unerkannt gëtt. Dëst géllt awer net fir ugoend Jeeër, déi dës als ongenügend ugesi Prüfung virum 31. Mäerz 2022 gemaach hunn. Si kënnen weiderhin eng Demande areecheen, an och fir Jeeër, déi schonn e Permis hunn, ännert sech näischt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir d'Groussregioun a fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit hunn hir Juegdprüfung a Frankräich gemaach an hunn aktuell e gëltege Permis, fir zu Lëtzebuerg ze joen?

2. Kann de Ministère erklären, wisou tëschent 2014 an 2019 (QP N° 1683) d'Zuel vun de kontrolléierte Klappjuegten a Juegdschäiner sech hallwéiert huet? Wei hunn dës Zuelen zanter 2019 evoluéiert?

3. Gedenkt de Ministère, Jeeër a Jeeërinnen, déi eng franséisch Juegdprüfung gemaach hunn an zu Lëtzebuerg dierfe joen, op hir theoreetesche a praktesch Kenntnisser ze kontrolléieren a gegebenefalls Formatiounen unzebidden?

**Réponse** (12.05.2022) de **Mme Joëlle Welfring**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. Ech verweisen hei op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5736 vum 10. Februar 2022.

ad 2. D'Beamte vun der ANF hu ganz vill verschidden Aarbechten ze erleedegen, d'Kontrolle vun de Beweegungsjuegten ass just e Brochdeel dovunner. Aus dësem Grond kann et hei zu Fluctuatioune kommen. 2020 sinn opgrond vu Covid-19 däitlech manner Klappjuegten duerchgefouert ginn an zum Schutz vun den ANF-Beamte keng Kontrollen duerchgefouert ginn.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*.)

ad 3. Réckwierkend kann een an deem Fall näischt méi imposéieren. D'Naturverwaltung an den MECDD schaffen awer tatsächlech un enger Formatioun, déi op fräiwëlleger Basis fir déi Jeeër, déi säit dem Akraaftriede vum Juegdgesetz 2011 hir Jeeërprüfung a Frankräich gemaach hunn, wäert ugebuede ginn, änlech ewéi de Lëtzeburger Sécherheetsparcours, deen och säit enger Rei Joren op fräiwëlleger Basis ugebuede gëtt a vill Zoulaf huet.

**Question 6042** (07.04.2022) de **M. Fred Keup** (*ADR*) concernant l'**embargo sur l'énergie russe** :

An der EU gëtt am Kader vun der Ukrainkris ëmmer méi intensiv en Embargo vu russeschem Gas an Ueleg diskutéiert. An der RTL-Emissioun „Invité vun der Redaktioun“ vum 6. Abrëll huet den Här Minister zu deem Thema ënner anerem dat hei gesot: „Wann ee géif de Gas vun haut op null setzen, da muss een sech einfach bewosst sinn, da misst ee warscheinlech eng Rei Industriebetriber, déi nächst een, zwee, dräi Wanteren iwwert de Winter stoppen, fir genuch Gas ze hunn, och fir d'Leit.“

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Froe stellen:

1. Op wéi eng Impaktstudie huet den Här Minister sech bei der uewen zitéierter Ausso beruff? A wéi engem Delai gedenkt den Här Minister, der Chamber dës Etüd ze iwwermëttelen?

2. Kann den Här Minister matdeelen, wéi eng konkret präislech Konsequenzen a potenziell Enkpäss sech aus engem Embargo vu russeschem Gas a Pétrol fir eis Stéit an eis Betriber souwéi eis allgemeng Mobilitéit géifen erginn?

3. An där zitéierter Emissioun huet den Här Mi-

## Le saviez-vous ?

### DÉPÔT

Le dépôt est l'acte par lequel la Chambre des Députés est officiellement saisie d'un projet de loi ou d'une proposition de loi.

nister och ugekënnegt, den Hierscht wëllen eng grouss Campagne ze lancéieren, fir d'Leit zur Energiespuersamkeet unzehalen. Kann den Här Minister matdeelen, no wéi enge Modalitéiten dës Campagne soll organiséiert ginn a wéi eng konkret Ziler sollen erreecht ginn?

**Réponse** (06.05.2022) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

ad 1. D'Europäesch Kommissioun koordinéiert de sougenannte „Gas coordination group“, deem seng Aufgab et ass, tëscht den EU-Memberstaaten an zesumme mat der Kommissioun ënner anerem Theeme betreffend d'Versuergungssécherheet ze diskutéieren. An deem Kader héiert dee Grupp dann och oft d'Meenunge vu verschiddenen Acteuren aus der Gaswirtschaft. Dorënner ass och ENTSG, also den europäesche Verband vun de Gastransportnetzbedreiwer. ENTSG fändegt iwwert iwwer ee sougenannte „Summer Outlook“ an ee „Winter Outlook“ un, an deenen et drëms geet, fir d'europäesch Versuergungssécherheet am Gasberäich ze beschreiwen. Am Kader vu sengem Update zum leschte „Winter Outlook 21/22“ an dem kierzlech publizéierte „Summer Outlook 2022“ huet ENTSG verschidden extreem Zenarien analyséiert fir feststellen, wéi eng Auswierkungen dës dann op d'Versuergungssécherheet hätten.

ad 2. Et ass dervun auszegoen, dass d'Pétrols- a Gaspräisser op den internationale Boursen, duerch déi aktuell ugespaante Situatioun, och déi nächst Méint op engem héijen Niveau wäerte bleiwen. Wat Versuergung, besonnesch vum Äerdgas ugeet, wäerten, Kenntnisstand haut, op d'mannst bis zum Hierscht keng Liwwerschwieregkeeten an Europa ze erwaarde sinn. Et ass awer de Moment nach schwéier anzeschätzen, wéi eng Länner an Europa vu méigleche Liwwerenkpäss ab Hierscht kéinte beträff ginn a wéi staark dës Enkpäss kéinte sinn. Verschidde Länner an Osteuropa, awer och Däitschland an Eisträich, si méi vu russeschem Äerdgas ofhängeg wéi beispillsweis Lëtzebuerg respektiv d'Belsch, mat deene Lëtzebuerg eng gemeinsam Maartzon bilt. Fir eventuellen Enkpäss virzebeugen, sinn EU-Memberstaaten awer amgaangen, eng Rei Mesuren ze ergräifen. Dorënner fält zum Beispill och eng Obligatioun, déi soll sécherstellen, dass déi ënnerierdesch Gasstocken an Europa virun de kale Méint gutt gefëllt sinn. Doriwwer eraus sinn d'Länner amgaangen, fir alternativ Sourné vun Äerdgas ze sichen, an do gëtt virun allem op flëssegen Äerdgas (LNG) gesat, dee mat Schëffer op LNG-Terminalen, wéi zum Beispill zu Zeebrugge an der Belsch, geliwwert gëtt a vun do aus an dat europäescht Gasnetz agespeist gëtt.

Bei Pétrolsprodukte gëllt Änlechens. Och hei gëtt et EU-Memberstaaten, déi am Moment méi oder manner vun Importer aus Russland ofhängeg sinn. Well de Pétrolsmarché ee Weltmarché ass, gëtt sech erwaart, dass déi russesche Produiten à terme duerch Produiten anerer Hierkonft kënnen ersat ginn. D'Ëmsetzung an de Memberstaate vun der Direktiv 2009/119/CE vum 14. September 2009 iwwer d'Obligatioun fir d'Memberstaaten, fir ee minimalen Niveau vu Stockage vu Réiueleg oder Pétrolsproduiten ze halen, mécht, dass an der EU strategesch Reserve vun op d'mannst 90 Deeg virgehale ginn.

Falls et an Europa den nächste Wanter dann awer zu Liwwerschwieregkeeten am Gas sollt kommen, da mussen effektiv gegebenefalls déi grouss Betriber als Éischt ofgeschalt ginn, fir dass Haushaltsclienten, déi als geschützt gëllen, weider kënnen beliwuert ginn. Hei gëtt et genee Pläng, déi vun den Netzbedreiwer ausgefouert ginn a wou, ofhängeg vun de Volummen, déi feelen, festgeluecht ass, wéi eng Kategorie vu Betriber ofgeschalt musse ginn. Och hei wäerten déi Länner, déi méi staark vu russeschem Gas ofhängeg sinn, méi staark beträff si wéi déi aner Länner. Et ass awer och esou, dass den Energieministère eng Sensibiliséierungscampagne wäert zesumme mat aneren Acteuren dëst Joer lancéieren, fir privat Persounen, Staat, Gemengen an Entreprisen ze sensibiliséieren an ze beroden, fir hire Verbrauch vu Gas a Mazout erofzesetzen, soudass d'Noutwenegkeet fir d'obligatoresch Ofschalté méiglechst evitéiert gëtt.

ad 3. Lëtzebuerg huet sech an de leschte Wochen a Méint op europäeschem Niveau dofir agesat, dass mir am Hierscht eng koordinéiert Aspuercampagne an alle 27 Länner vun der EU organiséieren. D'EU-Kommissioun krut elo den Optrag vun de 27 Energieministernen, fir heifir e Virschlag ze maachen. D'Zil vun esou enger Campagne ass et, geziilt souwuel Gas wéi och Ueleg anzespueren, fir soumat en Impakt op de Marché kënnen ze hunn. Mir waarden elo op de Virschlag vun der EU-Kommissioun a Lëtzebuerg wäert sech dann esou enger Campagne uschlëssen.

D'Klima-Agence informéiert d'Bierger haut schonn op der Internetsäit [www.energie-spueren.lu](http://www.energie-spueren.lu) iwwer méiglech Moossnamen, fir Energie anzespueren. Des Weideren informéieren och d'Energiefournisseuren am Kader vun hiren Energieaspuerobligatiounen iwwer méiglech Moossnamen, fir den Energieverbrauch ze reduzéieren.





CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-05

Nouvelles lois

p. 06-07

Séances publiques

p. 08-70

Questions au Gouvernement

p. 71-99

2021-2022

# N°009

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-05

Nouvelles lois ..... p. 06-07

Séances ..... p. 08-70

27<sup>e</sup> séance du mardi 11 janvier 2022 ..... p. 08-35

28<sup>e</sup> séance du mardi 18 janvier 2022 ..... p. 35-70

Questions au Gouvernement ..... p. 71-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

05/10/2022

#### Concept et layout :

brain&more,  
agence en communication,  
Luxembourg





# Dat neit Chamberblietchen



D'Chamberblietchen  
am Laf vun der Zäit

Léif Biergerinnen a Bierger,

d'Chamber huet an de leschte Méint vill Effort gemaach, fir sech ze moderniséieren. D'Ausgab vum Chamberblietchen, déi Dir am Grapp haalt, ass nieft eisem neien Internetsite eng vu villen Neierungen.

Eist Blietche presentéiert sech vun elo un net just an engem frësche Look, mee et gouf och nees zu enger eegestänneger Publikatioun. Jidderengem, och mat Wunnsätz am Ausland a baussent der EU, bleift selbsterständlech d'Méiglechkeet op, sech gratis ze abonéieren. An Zäite vun der Digitalisatioun a wou mir e grouss Bewossts fir Ëmwelt a Klima matbréngen an de Pabeier eng rar an deier Wuer ginn ass, kann een d'Chamberblietchen natierlech och digital zougestallt kréien. Fir ëmweltbewosst ze sinn, hu mir och de Choix getraff, lokal an exklusiv op recycéléiertem Pabeier ze drécken.

Och de Wee a Richtung Digitaliséierung reit sech an d'Philosophie an, dass d'Chamber mat der Zäit geet. Scho ganz geschwé wëlle mir Iech eng verbessert elektronesch Versioun vun de Verbatimen offréieren, déi erweidert Funktiounen wäert bidden a sech besonnesch gutt eegent, fir op mobil Geräter consultéiert ze ginn. Esou wëlle mir e besseren a vereinfachten Accés zu all den Informatiounen erméiglechen.

An Zäiten, wou mer mat esou ville verschiddene Krisen konfrontéiert sinn, ass Transparenz besonnesch wichteg a wäertvoll. Ugefaange bei der Covid-19-Pandemie bis hin zum Krich an der Ukrain gouf eist Parlament rezent viru grouss Erausforderungen gestallt. Dës huet et couragéiert ugeholl a mat bemerkswürtem Engagement eng grouss Unzuel u Sätzungen organiséiert an esou vill parlamentaresch Ufroen un d'Regierung gestallt wéi nach ni virun.

D'Aarbechte vun der Chamber hu sech méi wéi verduebelt op deene meeschte Plazen. Trotzdeem hu mer bei de Verbatime Retard opgehooll a mir komme lues, awer sécher bää.

Mat alle Changementer bleift de Compte rendu virun allem eent: en essentiell Instrument vun der politescher Meinungsbildung an enger offener an transparenter Chamber. Ech wënsche vill Spaass dobäi, en a senger iwwerschafter, méi handelecher Opmaachung op en Neits ze entdecken, a soe merci fir Äre Virwëtz an Äert Vertrauen, dat Dir dem héijen Haus vun der Demokratie entgéintbréngt.

Fernand Etgen  
Chamberpresident

## De Compte rendu officiel, am Volleksmond d'„Chamberblietche“ genannt

Um neie Cover vum Compte rendu, wéi en offiziell heescht, fënnt een elo och e Lëtzebuergeschen Titel. Dat war de Responsabelen en Uleies, well den Inhalt vun dëser Zeitung zum gréissten Deel an eiser Heemechtssprooch transkribéiert respektiv redigéiert gëtt. Wat louch méi no wéi d'„Chamberblietchen“, en Numm, deen de Volleksmond dem Compte rendu ginn hat an deen op eng enk Verbonnenheet schlësse léisst?

„Ass et d'Chamberblietchen oder d'Chamberblietchen?“, gouf sech du gefrot. Eng intern

netrepresentativ Ëmfro huet erginn, dass d'Leit eng Präferenz fir dat eent oder dat anert hunn. Eng offiziell Reegel, wéini e Fouenelement agesat muss ginn, gëtt et net. De „Lëtzebuergeschen Online Dictionnaire“, kuerz „LOD“ genannt, kennt déi zwou Varianten, woubäi „d'Chamberblietchen“ d'Hauptvariant ass. Iwwregens gëtt et am Singular mat „t“ geschriwwen, well et vum Däitsche „Blatt“ kënnt, och wann d'„Chamberbliedercher“ en „d“ kréien. Och doriwwer klärt den lod.lu op.

Dësen Internetsite ass e wichtegen Outil bei der dagdeeglecher Redaktioun a Korrektur am Lëtzebuergeschen. D'Transkriptiounen vun de Rieden am Chamberplenum fléissen iwwregens zënter méi wéi 20 Joer mat an de Korpus, deen ënner anerem vum ZLS (Zentrum fir d'Lëtzebuergeschen Sprooch) fir seng Recherchë fir den Online-Dictionnaire gebraucht gëtt. Op e reegelméisseg Austausch mat deene verschiddenen Acteuren ronderëm d'Lëtzebuergesch leet een an der Chamberverwaltung grouse Wäert.



Conférence interparlementaire sur la politique étrangère et de sécurité commune (PESC) et la politique de sécurité et de défense commune (PSDC) à Prague

## L'Ukraine et l'élargissement de l'UE au centre des débats



La Chambre des Députés était représentée par Mme Stéphanie Empain et M. Léon Gloden.

Les parlementaires des 27 États membres de l'Union européenne et du Parlement européen se sont retrouvés les 4 et 5 septembre 2022 pour discuter de la politique étrangère, de sécurité et de défense ainsi que des défis sécuritaires auxquels est confrontée l'Union européenne actuellement. La conférence interparlementaire s'est déroulée en plusieurs blocs thématiques ; cependant, l'agression de la Russie occupait le centre des débats.

L'objectif de la conférence interparlementaire sur la PESC/PSDC est de fournir un cadre permettant aux parlements nationaux et au Parlement européen d'échanger des informations dans le domaine de la PESC et de la PSDC afin de leur permettre d'être pleinement informés en vue de l'accomplissement de leurs rôles respectifs dans ce domaine.

Outre la guerre en Ukraine, les députés ont également discuté de la reconstruction après la guerre, des

questions d'actualité liées à la boussole stratégique de l'UE, des possibilités d'élargissement de l'UE aux Balkans occidentaux et des menaces hybrides dans le domaine de la cybersécurité.

Le Haut Représentant pour la politique étrangère et de sécurité commune, M. Josep Borrell, intervenant à distance, s'est exprimé sur la guerre en Ukraine et a déclaré que l'impact des sanctions sur l'économie russe avait augmenté, notamment dans l'aviation par exemple. Les sanctions ont un impact sur l'industrie russe et cet effet ne fera que s'intensifier.

Parmi les orateurs figurait également M. Oleksandr Merezhko, Président de la Commission des affaires étrangères et de la coopération interparlementaire du Parlement ukrainien qui a remercié les partenaires européens pour leur soutien en matériel militaire. Il a réitéré la nécessité de renforcer davantage les sanctions à l'encontre de la Russie et il a fortement critiqué les pays et parlementaires qui mettaient en doute les sanctions.

Le Président de la Commission des affaires étrangères a en outre plaidé en faveur d'une rapide adhésion de l'Ukraine à l'OTAN. M. Merezhko a ajouté que le travail de reconstruction de l'Ukraine devrait commencer tout de suite, car cela donnerait de l'espoir aux Ukrainiens.

À la fin de la réunion, les participants ont adopté des conclusions qui peuvent être consultées sur le site consacré à la dimension parlementaire de la présidence tchèque (<https://parleu2022.cz/>).

## Konferenz vum Europäesche Jugendparlament



Eng 50 Jonker aus ganz Europa koume fir eng Konferenz vum Europäesche Jugendparlament an der Chamber zesummen. D'Zil vun den Evenementer vum „European Youth Parliament (EYP)“ ass, Jugendlecher fir d'demokratesch Prozesser a fir d'Politik ze begeeschteren.



Visite de travail d'une délégation parlementaire congolaise

## Situation des droits de l'homme et de sécurité en RDC

Dans le cadre d'une visite de travail au Grand-Duché de Luxembourg, une délégation parlementaire de la République démocratique du Congo (RDC) a eu un échange de vues avec les députés MM. Yves Cruchten, Charles Margue, Gilles Baum et Mars Di Bartolomeo. Au cœur des discussions étaient notamment la situation des droits de l'homme ainsi que la situation sécuritaire en RDC.

Les députés et les sénateurs de la République démocratique du Congo ont également pu s'échanger avec Mmes Tess Burton et Cécile Hemmen au sujet des répercussions de la guerre en Ukraine sur les marchés agricoles.

À l'occasion d'une visite au Centre européen de Schengen, les députés Mme Octavie Modert et M. Max Hengel ont discuté avec leurs homologues de la RDC des défis qui attendent les domaines de l'agriculture et la viticulture.



*La délégation parlementaire du RDC entourée des députés luxembourgeois MM. Yves Cruchten, Charles Margue, Mars Di Bartolomeo et Gilles Baum au Square Jan Palach à Luxembourg-ville*



*Mme Octavie Modert et M. Moïse Musole Mwana Mupenzi*



*M. Max Hengel et Mme Vicky Katumwa Mukalay*



*Mmes Tess Burton et Cécile Hemmen, Présidente respectivement membre de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, avec les membres de la délégation du RDC*

Entrevue avec la Commission européenne contre le racisme et l'intolérance du Conseil de l'Europe

## Les discriminations liées à l'accès au logement



*de gauche à droite : Mme Ioulietta Bisiouli, membre du Secrétariat de l'ECRI, M. Yves Cruchten, Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, Mme Semiray Ahmedova, Présidente de la Commission du Logement, Mme Els Keytsman, membre de l'ECRI, M. Marin Gurin et Mme Sophie Kurt, membres du secrétariat de l'ECRI*

Dans le cadre d'une visite de travail de la Commission européenne contre le racisme et l'intolérance (ECRI) du Conseil de l'Europe le 21 septembre 2022 à la Chambre des Députés, des membres de l'ECRI se sont échangés avec les Présidents respectifs de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, M. Yves Cruchten, et de la Commission du Logement, Mme Semiray Ahmedova.

Afin de préparer le 6<sup>e</sup> rapport de l'ECRI sur le Luxembourg, ils ont rencontré plusieurs autorités nationales. La lutte contre les discriminations dans l'accès au logement, les révisions de la Constitution, l'accès au marché du travail pour les demandeurs de protection internationale ainsi que la volonté de renforcer le Centre pour l'égalité de traitement (CET) étaient des thématiques abordées lors de la réunion entre les deux députés et les membres de l'ECRI.

### Qu'est-ce que l'ECRI ?

La Commission européenne contre le racisme et l'intolérance (ECRI), mise en place par le Conseil de l'Europe, est une instance indépendante de monitoring dans le domaine des droits de l'homme spécialisée dans les questions de lutte contre le racisme, la discrimination, la xénophobie, l'antisémitisme et l'intolérance.

Dans le cadre de ses activités, l'ECRI analyse la situation dans chacun des États membres du Conseil de l'Europe pour ce qui est du racisme et de l'intolérance et formule des suggestions et propositions pour le traitement des problèmes identifiés.





## Protection de la nature et des ressources naturelles

### 7477 - Projet de loi portant modification de la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles

Le projet de loi a pour objet de modifier la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles.

L'objectif principal des modifications est de préciser la loi précitée pour les besoins de son application pénale. Depuis l'entrée en vigueur du texte de loi, son application par les juridictions pénales a soulevé un manque de précision de certaines des dispositions pénales. Le redressement des dispositions, notamment dans les articles 3, 6, 7 et 75, vise à assurer que les incriminations satisfèrent au principe de la spécification des incriminations et que l'application effective de la loi soit garantie.

Simultanément, plusieurs erreurs matérielles sont redressées et certaines notions sont précisées, ceci afin d'assurer une meilleure lisibilité et dans l'intérêt de la sécurité juridique.

Dans ce contexte, la liste des biotopes est ancrée dans le corps de la loi, les biotopes étant précédemment énumérés dans l'article 1<sup>er</sup> du règlement grand-ducal du 1<sup>er</sup> août 2018 établissant les biotopes protégés, les habitats d'intérêt communautaire et les habitats des espèces d'intérêt communautaire pour lesquels l'état de conservation a été évalué non favorable, et précisant les mesures de réduction, de destruction ou de détérioration y relatives.

Vu la nécessité de protéger les arbres remarquables et étant donné qu'ils ne seront désormais plus protégés par la législation concernant la conservation et la protection des sites et monuments, le texte du projet de loi définit ce qui peut caractériser un arbre remarquable sur base de critères objectifs et précis et institue une procédure de désignation et de classement.

Une modification du texte prévoit qu'un règlement grand-ducal fixe les dates et les modalités auxquelles la pratique du canotage à des fins d'activités sportives ou de loisirs est autorisée sur les différents cours d'eau et à des périodes définies.

Il est également proposé d'ajouter une disposition destinée à autoriser des constructions de petite envergure lorsqu'il s'agit d'activités d'exploitation qui comportent la gestion des surfaces proches de leur état naturel, même si ces activités ne sont pas opérées à titre principal.

À noter que le texte du projet de loi a subi plusieurs modifications additionnelles au cours de la procédure législative :

- Afin d'étendre la protection de la nature et des ressources naturelles contre les effets nocifs de la lumière artificielle pendant la nuit, la notion de la « pollution lumineuse » est insérée dans la loi.
- Afin d'éviter que des personnes se trouvent à la rue suite à des événements climatiques, une exception est introduite au principe d'interdiction de reconstruction en zone verte pour les résidences habituelles qui ont été détruites, partiellement ou intégralement, par un cas fortuit.
- Est également introduite une disposition étendant le droit de préemption prévu par le chapitre 10 de la loi du 18 juillet 2018 aux parcelles cadastrales non bâties attenantes des cours d'eau, ce qui devrait permettre aux différents pouvoirs préemptifs d'acquiescer des terrains pour réaliser des projets de renaturation de cours d'eau.
- Concernant l'obligation d'entreprendre une évaluation des éco-points afin de déroger à l'interdiction de réduire, de détruire ou de détériorer les biotopes et habitats, il est introduit une exception pour les interventions qui représentent des améliorations de biotopes dans le cadre d'un plan d'action d'habitat ou d'espèce.
- Au texte initial du projet de loi a également été ajouté un nouvel alinéa disposant que les mesures compensatoires réalisées hors des pools compensatoires sur autorisation du ministre devront prioritairement être réalisées dans la même commune ou la commune limitrophe, sinon exceptionnellement dans le même secteur écologique.

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 24/09/2019

Rapporteur : M. François Benoy

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

03/02/2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

25/10/2021 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

12/01/2022 Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État  
Présentation et adoption d'un projet de rapport  
Présentation et adoption d'un projet de courrier informant le Conseil d'État de la correction de deux erreurs matérielles

Vote en séance publique : 18/01/2022

Loi du 3 mars 2022

Mémorial A : 2022, n° 110, page 1

## Carte de stationnement pour personnes handicapées

### 7805 - Projet de loi portant création d'une carte de stationnement pour personnes handicapées

Le projet de loi se compose de dix articles et a comme objet de porter création d'une carte de stationnement pour personnes handicapées et de fixer les modalités en vue de l'obtention et de l'utilisation de cette carte. Il a vocation à remplacer le règlement grand-ducal du 31 janvier 2003 concernant la création et l'utilisation d'une carte de stationnement pour personnes handicapées qui régleme actuellement les cartes de stationnement pour personnes handicapées. Les critères d'octroi d'une carte de stationnement pour personnes handicapées étant à considérer comme un élément d'intégration sociale de personnes handicapées et donc - suite à une modification constitutionnelle - comme relevant d'une matière réservée à la loi, une loi est nécessaire en tant que base légale. Désormais, un règlement grand-ducal ne se conçoit en cette matière que si son intervention est expressément prévue par la loi, dans le respect du cadre tracé par l'article 32, paragraphe 3, de la Constitution.

En 2019, il était prévu de remplacer le règlement grand-ducal modifié de 2003 par un nouveau règlement grand-ducal afin de moderniser le texte et d'introduire notamment un nouveau modèle de la carte de stationnement plus difficile à falsifier. Cependant, dans son avis du 22 octobre 2019, le Conseil d'État a soulevé que depuis la révision constitutionnelle intervenue en 2007 les principes relatifs à l'intégration sociale des citoyens atteints d'un handicap sont une matière réservée à la loi et que dès lors le pouvoir réglementaire ne dispose plus du pouvoir spontané de réglementer cette matière. L'intervention du règlement grand-ducal n'étant ni expressément prévue, ni encadrée par la loi dans le respect de l'article 32, paragraphe 3, de la Constitution, le règlement grand-ducal en projet risquait donc d'être dépourvu de base légale adéquate.

Le présent projet de loi s'inspire donc des dispositions du règlement grand-ducal précité du 31 janvier 2003 et du projet de règlement grand-ducal précité de 2019, tout en introduisant certaines nouveautés.

Ainsi, le projet de loi :

- élargit le cercle des bénéficiaires d'une carte de stationnement pour institutions et associations aux établissements de l'éducation différenciée,
- et fixe désormais aussi les modalités concernant la reconnaissance des cartes de stationnement émises par les autorités compétentes du Royaume-Uni après le BREXIT.

Le nouveau projet de règlement grand-ducal « 1) fixant le modèle et le contenu de la carte de stationnement pour personnes handicapées ainsi que de la demande et du certificat médical en vue de l'obtention de cette carte ; 2) modifiant le règlement grand-ducal modifié du 26 août 1993 relatif aux avertissements taxés, aux consignations pour contrevenants non-résidents ainsi qu'aux mesures d'exécution de la législation en matière de mise en fourrière des véhicules et en matière de permis à points » procède notamment à :

- la modification du modèle des cartes de stationnement pour personnes handicapées afin de les protéger contre la falsification ou la contrefaçon ;
  - la fixation des modèles de formulaires de demande en obtention d'une carte de stationnement ainsi que de certificat médical figurant au dos dudit formulaire afin de permettre la numérisation des demandes et d'adapter le formulaire aux exigences pratiques des médecins chargés de l'examen des demandes ;
  - la modification de l'annexe I « Catalogue des avertissements taxés » du règlement grand-ducal modifié du 26 août 1993 relatif aux avertissements taxés, aux consignations pour contrevenants non-résidents ainsi qu'aux mesures d'exécution de la législation en matière de mise en fourrière des véhicules et en matière de permis à points, afin d'y intégrer la future loi servant de base légale à l'établissement de la carte de stationnement pour personnes handicapées ; et finalement
  - l'abrogation du règlement grand-ducal modifié du 31 janvier 2003 concernant la création et l'utilisation d'une carte de stationnement pour personnes handicapées.
- Selon la fiche financière accompagnant le projet de loi, le présent projet n'aura aucun impact sur le budget de l'État.



Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics,  
le 22/04/2021

Rapporteur : M. Carlo Back

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

(Président : M. Carlo Back) :

21/10/2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

09/12/2021 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

06/01/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 18/01/2022

Loi du 11 février 2022

Mémorial A : 2022, n° 121, page 1

## Mesures de lutte contre la pandémie

### 7943 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Le projet de loi propose principalement trois modifications à la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19.

#### 1. Modification du régime 2G+

La dernière modification en date de la loi dite « Covid », qui a été adoptée le 24 décembre, avait introduit le régime 2G+ en anticipation d'une hausse du nombre d'infections. Le présent projet de loi prévoit d'adapter ce dispositif en tenant compte de l'expérience acquise dans un certain nombre de pays qui ont été touchés par le variant Omicron avant le Luxembourg. Un article scientifique analysant l'efficacité du vaccin Pfizer-BioNTech contre la Covid-19 conclut à une perte d'efficacité vaccinale en présence d'une primovaccination d'environ 60 % cinq mois après la deuxième dose. Ce même article, à l'instar d'autres études, indique que l'efficacité vaccinale augmente de nouveau de manière considérable avec la vaccination de rappel.

Les modifications proposées maintiennent dès lors le régime du 2G+, mais élargissent les catégories de personnes pouvant être exemptées de l'obligation de test supplémentaire. Il est proposé que les personnes dont le schéma vaccinal complet date de moins de 180 jours (six mois) et qui disposent donc a priori d'une protection vaccinale non encore diminuée de manière significative, soient exemptées de l'obligation supplémentaire de test. Cela vaut également pour les personnes qui ont reçu une dose booster ainsi que pour les personnes rétablies dont le certificat a également une durée de validité de 180 jours (six mois).

#### 2. Le certificat numérique Covid de l'Union européenne

À partir du 1<sup>er</sup> février 2022, la période de validité du certificat numérique Covid de l'Union européenne sera de neuf mois (270 jours). Le 21 décembre, la Commission européenne a adapté les règles relatives à ce certificat telles que prévues par le règlement (UE) 2021/953 du Parlement européen et du Conseil du 14 juin 2021 relatif à un cadre pour la délivrance, la vérification et l'acceptation de certificats Covid-19 interopérables de vaccination, de test et de rétablissement (certificat Covid numérique de l'UE) afin de faciliter la libre circulation pendant la pandémie de Covid-19.

Suite à cette adaptation, les certificats de vaccination seront acceptés par les États membres pendant une période de neuf mois à compter de l'administration de la dernière dose dans le cadre de la primovaccination. Dans le cas d'un vaccin à dose unique, cela signifie 270 jours à compter de la première et unique dose. Dans le cas d'un vaccin à deux doses, il s'agit de 270 jours à compter de la deuxième dose ou, conformément à la stratégie de vaccination de l'État membre de vaccination, de la première et unique dose après le rétablissement d'une personne infectée. En vertu de ces nouvelles règles de l'UE applicables aux voyages à l'intérieur de l'UE, les États membres doivent accepter tout certificat de vaccination délivré depuis moins de neuf mois après l'administration de la dernière dose de primovaccination. Les États membres ne peuvent pas prévoir une période d'acceptation plus courte ou plus longue.

La Commission européenne n'a prévu, pour l'instant, aucune période standard d'acceptation des certificats délivrés à la suite de l'administration d'une dose de

rappel, étant donné qu'il n'existe pas encore suffisamment de données concernant la durée de protection conférée par le rappel. Aussi, le présent projet de loi propose une durée illimitée concernant les certificats établis après une vaccination de rappel.

#### 3. Délais en matière d'isolement

Une troisième modification propose d'adapter les délais en matière d'isolement. Comme il est établi que les personnes infectées à la Covid-19 :

- ayant un schéma vaccinal complet dont la date d'établissement remonte à moins de six mois,
  - sont rétablies d'une infection à la Covid-19 au cours des six derniers mois,
  - qui ont eu un rappel vaccinal,
- ont une charge virale moindre et surtout une durée de contagiosité plus courte, il est proposé de revoir la durée d'isolement dans ces trois cas de figure.

Concrètement, pour ces trois catégories de personnes infectées, la durée d'isolement est ramenée à un maximum de six jours à condition que les personnes concernées aient réalisé deux tests antigéniques rapides respectivement le cinquième et sixième jour de leur isolement et que le résultat de ces deux tests soit à chaque fois négatif. Pour les autres cas de figure, comme par exemple des personnes infectées non vaccinées ou des personnes infectées dont l'établissement du schéma vaccinal complet remonte à plus de six mois et qui n'ont pas eu de dose de rappel, la durée de l'isolement est maintenue à dix jours.

Cette réduction potentielle de la durée d'isolement a aussi l'avantage de minimiser l'impact socio-économique de la vague Omicron, en maintenant un maximum de personnes en activité et de garantir, entre autres, le fonctionnement de certains services essentiels tel le système de santé ou l'éducation. Pendant la semaine du 27 décembre au 2 janvier, 8.122 personnes se trouvaient en isolement (+35 % par rapport à la semaine précédente) et 2.540 en quarantaine (-21 %).

#### 4. Diverses autres modifications

- Une modification proposée par ce projet de loi concerne la certification de résultats négatifs de tests antigéniques rapides Sars-CoV-2. Il est proposé de préciser que les personnes y habilitées ne peuvent certifier que les résultats négatifs de tests Covid-19 qu'elles ont réalisés elles-mêmes ou sur place. La certification par vidéo n'est dès lors pas valable.

- La disposition relative aux activités physiques et sportives de la formation professionnelle de base et de la formation continue organisée par l'École de police et qui prévoit que celles-ci se déroulent obligatoirement sous le régime CovidCheck, est supprimée. Cela dans la mesure où ces activités font partie intégrante du travail régulier des membres du cadre policier et qu'à partir du 15 janvier 2022, tout agent public est soumis à l'obligation de présenter un certificat de vaccination, de rétablissement ou de test pour accéder à son poste de travail.

L'entrée en vigueur du texte est prévue le jour suivant sa publication au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg.

Dépôt par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 05/01/2022

Rapporteur : M. Mars Di Bartolomeo

Travaux de la Commission de la Santé et des Sports

(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :

06/01/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

10/01/2022 Présentation des amendements gouvernementaux

Examen de l'avis du Conseil d'État

11/01/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 11/01/2022

Loi du 11 janvier 2022

Mémorial A : 2022, n° 16, page 1



## Sommaire

|                                                                                                                                                                                               |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
|-----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| <b>1. Ouverture de la séance publique</b> ..... p. 08                                                                                                                                         | Prises de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (intervention de M. Claude Wiseler)   Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (interventions de M. Claude Wiseler, Mme Martine Hansen et M. le Premier Ministre Xavier Bettel)   M. Sven Clement (parole pour fait personnel)   Mme la Ministre Paulette Lenert                                                                                                                                      |
| M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                   | Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel (intervention de M. Dan Kersch)                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| <b>2. Hommage à la mémoire de M. David Sassoli, Président du Parlement européen</b> ..... p. 08                                                                                               | <b>12. Résolution de Mme Martine Hansen relative à la note de la Cellule scientifique au sujet de l'action « SuperDrecksKëscht »</b> ..... p. 28                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                |
| M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                   | Discussion générale : Mme Josée Lorsché (interventions de Mme Octavie Modert et M. Laurent Mosar)                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                               |
| <b>3. Hommage à la mémoire de M. Mario Castegnaro, ancien Député</b> ..... p. 08                                                                                                              | <b>13. Dépôt d'une résolution par Mme Josée Lorsché</b> ..... p. 29                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                             |
| M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                   | Exposé : Mme Josée Lorsché                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                      |
| <b>4. Communications</b> ..... p. 09                                                                                                                                                          | <b>14. Résolution de Mme Martine Hansen relative à la note de la Cellule scientifique au sujet de l'action « SuperDrecksKëscht » (suite)</b> ..... p. 30                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                        |
| M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                   | Discussion générale (suite) : M. Sven Clement (intervention de M. Marc Goergen)   Mme Diane Adehm (interventions de Mme Stéphanie Empain et Mme Djuna Bernard)   M. Gilles Roth (parole pour fait personnel) (interventions de M. Sven Clement, M. Mars Di Bartolomeo et M. Marc Goergen)   M. Fernand Kartheiser   Mme Djuna Bernard   M. François Benoy (parole pour fait personnel)   M. Sven Clement   Mme Myriam Cecchetti (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)   M. Mars Di Bartolomeo |
| <b>5. Ordre du jour</b> ..... p. 10                                                                                                                                                           | Vote sur la résolution (rejetée)                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                |
| M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                   | <b>15. Résolution de Mme Josée Lorsché relative à la note de la Cellule scientifique au sujet de l'action « SuperDrecksKëscht »</b> ..... p. 34                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| <b>6. Vérification des pouvoirs et assermentation de trois nouveaux membres de la Chambre des Députés</b> ..... p. 10                                                                         | Interventions de M. Léon Gloden, Mme Martine Hansen et M. Laurent Mosar                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                         |
| M. Fernand Etgen, Président   M. Max Hengel   M. Carlo Weber   M. Dan Kersch                                                                                                                  | Discussion générale : Mme Martine Hansen (interventions de M. Gilles Roth et M. Sven Clement)   M. Fernand Kartheiser   M. Sven Clement   Mme Josée Lorsché                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                     |
| Discours de début de mandat : M. Max Hengel (intervention de M. Léon Gloden)   M. Carlo Weber                                                                                                 | Vote sur la résolution modifiée (adoptée)                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                       |
| <b>7. Changements de composition des organes de la Chambre des Députés</b> ..... p. 12                                                                                                        |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                   |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| <b>8. Changements de composition de commissions parlementaires</b> ..... p. 13                                                                                                                |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| M. Fernand Etgen, Président                                                                                                                                                                   |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| <b>9. Changements de composition de délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales</b> ..... p. 13                                          |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| M. Fernand Etgen, Président (intervention de Mme Martine Hansen)                                                                                                                              |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| <b>10. Dépôt d'une résolution par Mme Martine Hansen</b> ..... p. 13                                                                                                                          |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| Exposé : Mme Martine Hansen                                                                                                                                                                   |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| <b>11. 7943 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19</b> ..... p. 14                                   |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo                                                                                                                    |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| Discussion générale : M. Claude Wiseler   M. Gilles Baum   M. Yves Cruchten   Mme Josée Lorsché   M. Jeff Engelen   Mme Nathalie Oberweis   M. Sven Clement (intervention de M. Marc Goergen) |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre ; M. Marc Hansen, M. Georges Engel et M. Claude Haagen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Marc Hansen**, Ministre de la Fonction publique | Nee, dat ass elo net de Fall, Här President.

### 2. Hommage à la mémoire de M. David Sassoli, Président du Parlement européen

**M. Fernand Etgen**, Président | Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn haut déi traureg Flicht, Iech den Doud vum President vum Europaparlament, dem David Sassoli, matzedeelen. Hie war zënter 2019 am Amt a sollt d'nächst Woch an der Hallschent vu senger Mandatsperiod, esou wéi et am Europaparlament üblech ass, säi Mandat ofginn. Hie war en iwwerzeegten Europäer an hat während sengem Mandat als President vum Europaparlament eng konziliant Stëmm, déi gehollef huet, ambitiéis europäesch Projekte wéi de Green Deal, den neien EU-

Budget 2021-2027 oder den histoeresche Plan de relance vun der EU unzehuelen.

Den David Sassoli huet vill vu sengen zwee an engem hallwe Joer am Amt domat verbruecht, d'Europaparlament duerch déi aussergewöhnlech Zäit vun der Coronaviruspandemie ze steieren, a konnt eng wichteg parlamentaresch Aarbecht duerch de massiven Asaz vun dem Teletravail oprechterhalen. De fréiere Journalist a bekannte Presentateur vum italieenesche Journal gëtt als frëndlech a generéis beschriwwen. Hien huet eng grouss Solidaritéit bewisen, andeems hien déi eidel Raimlechkeete vum Europaparlament souwuel zu Stroossbuerg wéi och zu Bréissel fir Leit an Nout, fir e Covidzenter oder fir isoléiert Fraen zur Verfügung gestallt huet.

Mam David Sassoli verléiert d'EU en demokrateschen a passionéierte proeuropäesche Leader, dee sech ëmmer erëm fir d'Erhale vun den europäesche Wäerter agesat huet. U seng Famill a seng Frënn geet eist opriichteg Bäileed. Ech géif Iech bidden, ee Moment opzestoen, fir dem Verstuerwenen eng lescht Eier ze erweisen.

(Respect d'une minute de silence)

Ech soen Iech Merci.

### 3. Hommage à la mémoire de M. Mario Castegnaro, ancien Député

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de 4. Januar ass de fréieren Deputéierte Mario Castegnaro am Alter vun 82 Joer gestuerwen. Hie war 1999 während enger kuerzer Zäit Member vun dësem Haus. Den LSAP-Politiker aus dem Süde war nom Doud vum honorabelen Här Alphonse Grimler an d'Chamber nogeréckelt.

Mat 15 Joer ass de Mario Castegnaro als Léierbouf op der Schmelz zu Déifferdeng Gewerkschaftsmitglied ginn. A sengem Häerz war hien ëmmer Gewerkschaftler. Vollbeschäftegung, eng regional Wirtschaftsentwécklung, Rentegerechtegkeet, Fleegeversécherung an Educatioun ware seng Prioritéiten.

Donieft war hien och, wéi hie selwer sot, e Konsumenteschützer. De Mario Castegnaro war bal 25 Joer ganz engagéiert bei der ULC, fir d'éischt als Kommitteesmitglied, dunn als Generalsekretär an um Enn als President. Hie war och Direkter vun der Aarbechtskummer a President vum Conseil économique et social.

De Mario Castegnaro huet sech och lokalpolitesch engagéiert a war Gemengeconseiller zu Déifferdeng.



Do huet hie sech ganz vill fir seng Heemechtsstad agesat.

Zanter 2014 war de Mario Castegnaro Tresorier am Komitee vun der Associatioun vun de fréieren Deputéierten, der AAD.

Senger Famill wëll ech am Numm vun der Chamber eist déifst Matgefill ausdrécken. Ech géif Iech och hei bieden, ee Moment opzestoen, fir dem Versterwen en eng lescht Eier ze erweisen.

*(Respect d'une minute de silence)*

Ech soen Iech Merci.

#### 4. Communications

Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen.

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert a vum Rôle gestrach gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

##### Communications du Président - séance publique du 11 janvier 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

7937 - Projet de loi relative au logement abordable et modifiant

1<sup>o</sup> la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement ;

2<sup>o</sup> la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain ;

3<sup>o</sup> la loi modifiée du 25 mars 2020 concernant le Fonds spécial de soutien au développement du logement ;

4<sup>o</sup> la loi du 30 juillet 2021 relative au Pacte logement 2.0

Dépôt : M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 24/12/2021

7938 - Projet de loi relative aux aides individuelles au logement

Dépôt : M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 24/12/2021

7939 - Projet de loi modifiant la loi du 23 décembre 2014 relative à la réalisation du Pôle d'échange multimodal de la Gare d'Ettebriick et à la modification de la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 27/12/2021

7940 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel, ouvert à la signature, à Riga, le 22 octobre 2015, à la Convention du Conseil de l'Europe pour la prévention du terrorisme, ouverte à la signature, à Varsovie, le 16 mai 2005

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 05/01/2022

7941 - Projet de loi portant approbation du Traité sur la reconnaissance automatique des qualifications de l'enseignement supérieur, fait à Bruxelles, le 14 septembre 2021

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 05/01/2022

7942 - Projet de loi portant approbation de l'amendement à l'article 8 visant à insérer un nouvel article 8-2-e)-xix) relatif au fait d'affamer délibérément des civils comme méthode de guerre, en les privant de biens indispensables à leur survie, y compris en empêchant intentionnellement l'envoi des secours, adopté le 6 décembre 2019 par l'Assemblée des États Parties au Statut de Rome de la Cour pénale internationale, lors de sa 9<sup>e</sup> séance plénière

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 05/01/2022

7943 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 05/01/2022

7944 - Projet de loi portant approbation de la « Convention between the Grand Duchy of Luxembourg and the Federal Democratic Republic of Ethiopia for the elimination of double taxation with respect to taxes on income and on capital and the prevention of tax evasion and avoidance, faite à Luxembourg, le 29 juin 2021 »

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 06/01/2022

7945 - Projet de loi portant transposition de la directive (UE) 2019/1937 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2019 sur la protection des personnes qui signalent des violations du droit de l'Union

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 10/01/2022

3) Le projet de loi suivant a été retiré du rôle des affaires :

6784 - Projet de loi portant :

- modification de la loi du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention, telle que modifiée ;

- modification de la loi du 27 mai 1977 portant :

a) approbation de la Convention sur la délivrance de brevets européens, signée à Munich, le 5 octobre 1973 ;

b) adaptation de la législation nationale en matière de brevets ;

- modification de la loi du 27 mai 1977 portant :

a) approbation du Traité de coopération en matière de brevets, fait à Washington, le 19 juin 1970 ;

b) adaptation de la législation nationale en matière de brevets ;

- introduction de sanctions pénales en matière de marques et de dessins ou modèles

Dépôt : M. Étienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 02/03/2015

Retrait du rôle des affaires : 05/01/2022

4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2161 - Demande de pétition publique : Pour un retour à la vie normale de nos enfants, à l'école, dans les structures de garde d'enfants, dans le sport et les loisirs en général

Dépôt : Yan Markovski, le 23/12/2021

2162 - Demande de pétition publique : Choix au lieu d'une obligation de vaccination

Dépôt : Weda Khoub Mohadjer, le 24/12/2021

2163 - Demande de pétition publique : Chers amis, le projet du Gouvernement de transformer le pass sanitaire en pass vaccinal le 15 janvier n'est pas une formalité administrative. C'est un point de non-retour vers l'obligation vaccinale généralisée, c'est autoriser une discrimination de chaque luxembourgeois et frontalier en fonction de son statut vaccinal. Ne nous laissons pas faire ! Cette mesure vous concerne.

Dépôt : Ciro L'Abbate, le 26/12/2021

2164 - Demande de pétition publique : Ofrappe vum erhalenswäerte Barrièreshaischen zu Miersch.

Dépôt : Fernand Britz, le 30/12/2021

2165 - Demande de pétition publique : Loftfilteren an alle Schoulen - Purificateurs d'air dans toutes les écoles - Luftfilter in allen Schulen

Dépôt : Laurent Kneip, le 30/12/2021

2166 - Demande de pétition publique : Gegen Impfpflicht (Sie sagt nicht aus, ob man positiv oder negativ ist.)

Dépôt : Eldis Rastoder, le 31/12/2021

2167 - Demande de pétition publique : Leit ze manipulieren, fir ofhängeg ze gi vu Glécksspiller an RTL ze verbidden, dozou ze animieren.

Dépôt : Raymond Schmeler, le 31/12/2021

2168 - Demande de pétition publique : Arrêt de tout pass vaccinal - suppression vaccin/produit expérimental à base de technologie mRNA et/ou à base de virus génétiquement constitué

Dépôt : Delfina Mendes Valente, le 01/01/2022

2169 - Demande de pétition publique : Pfand op de Plastikflaschen a Béchse fir eng méi propper Ëmwelt

Dépôt : Kevin Raach, le 01/01/2022

2170 - Demande de pétition publique : Pour une interdiction des suremballages des produits vendus en supermarché

Dépôt : Heidi Deckers, le 01/01/2022

2171 - Demande de pétition publique : Régime 3G avant vaccination Valneva - seul et unique vaccin traditionnel avec le virus Spike entier et immunisé - seul et unique vaccin compétent face aux variants - aucune technologie mRNA - aucun changement génétique

Dépôt : Delfina Mendes Valente, le 02/01/2022

2172 - Demande de pétition publique : - Retirer Pfizer, Moderna, AstraZeneca, Johnson/Johansson, BioNTech, etc. (toute technologie mRNA) du marché européen - attendre sortie des vaccins traditionnels (virus entier immunisé) tels que Valneva - suspendre tout de suite la vaccination des enfants à base de produits mRNA et attendre sortie et validation de vaccins traditionnels sans effets secondaires!

Dépôt : Delfina Mendes Valente, le 02/01/2022

2173 - Demande de pétition publique : Fir eng besser Analys vun den Zuelen iwwert d'Coronapandemie. No 2 Joer misst een endlech wëssen, wéi vill Leit reell wéinst, mat oder um Virus gestuerwe sinn, mat enger klorer Ennerdeelung vun deenen 3 Kategorien. Kreatioun vun engem genaue Regëster.

Dépôt : Marcel Wolff, le 02/01/2022

2174 - Demande de pétition publique : Monsieur le Ministre Xavier Bettel doit nous rendre des comptes et nous expliquer pourquoi il reste bloqué sur la technologie mRNA.

Dépôt : Delfina Mendes Valente, le 02/01/2022

2175 - Demande de pétition publique : Keng Maske fir Kanner an der Primärschoul

Dépôt : Isabel Homa, le 03/01/2022

2176 - Demande de pétition publique : Fir en Déierekierfecht zu Lëtzebuerg

Dépôt : Sacha André, le 05/01/2022

2177 - Demande de pétition publique : In den Schulen die Maskenpflicht abschaffen

Dépôt : Rasim Cosic, le 06/01/2022



2178 - Demande de pétition publique : Dass Xavier Bettel keine Entscheidungen mehr nehmen kann, bis sein Plagiat vorliegt./Que Xavier Bettel ne peut plus prendre de décisions tant que son plagiat n'est pas disponible.

Dépôt : Sandra Muller, le 06/01/2022

2179 - Demande de pétition publique : Uniforme dans les écoles primaires et secondaires pour les élèves.

Dépôt : Mykyta Thill, le 06/01/2022

2180 - Demande de pétition publique : Les classes qui perdent des vacances à cause des stages.

Dépôt : Daniel Teixeira, le 06/01/2022

2181 - Demande de pétition publique : Extension du certificat de rétablissement Covid de 6 mois à 12 mois

Dépôt : Andrea De Cillia, le 07/01/2022

2182 - Demande de pétition publique : Petitioun, fir de „Genesen“ Status ze verlängeren

Dépôt : Pierrot Marzadori, le 07/01/2022

2183 - Demande de pétition publique : Homeschooling fir Lycéesschüler

Dépôt : Charel Marnach, le 08/01/2022

2184 - Demande de pétition publique : Demande de prime de risques pour les non-vaccinés, testés négatifs, risquant d'être contaminés par le Covid, par les vaccinés non testés.

Dépôt : Hackly Laroui, le 08/01/2022

2185 - Demande de pétition publique : Contre la vente des homards vivants dans les supermarchés

Dépôt : Eleanor O'Connell, le 09/01/2022

2186 - Demande de pétition publique : Ganzjähriger Pflichtverkauf für die „Bûche de Noël“

Dépôt : Laurent Rasquin, le 09/01/2022

2187 - Demande de pétition publique : Demande de changement d'horaire (bus)

Dépôt : Marta Alexandra Da Silva Mendes, le 04/01/2022

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

## 5. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Präsidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 6. Vérification des pouvoirs et assermentation de trois nouveaux membres de la Chambre des Députés

Mir huelen hei dräi nei Memberen an d'Chamber op a fänke mat der Vérification des pouvoirs an der Assermentatioun vum Här Max Hengel un.

An hirem Bréif vum 30. August 2021 huet d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch matgedeelt, datt si vum 31. Dezember 2021 un op hiert Deputéiertemandat verzicht. Esou wéi den Artikel 167 vum Walgesetz et virgesäit, muss e Suppleant op der Lëscht vum der CSV aus dem Walbezierk Osten dozou opgeruff ginn, fir d'Mandat, dat fräi gouf, weiderzeféieren. D'Kommissioun fir d'Iwwerpräiwung vun de Pouvoiren huet eng Reiefolleg vun de Suppleantë festgeluecht, déi den 30. Oktober 2018 vun der Chamber ugeholl ginn ass. Dëser Reiefolleg no ass den éischte Suppleant den Här Max Hengel, deen d'Mandat ugeholl huet.

Et gouf weeder Zweifel nach Kontestatiounen, wat d'Wielbarkeet vum Suppleant oder wat d'Incompatibilitäten duerch Verwandtschaft oder Bestietnis ugeet, soudatt dem Artikel 6 Paragraf 3 vum Chambersreglement no d'Chamber d'Gültgkeet vun de Pouvoiren vum Suppleant kontrolléiere kann.

D'Artikelen 6 (2) a 3 (1) vun eise Reglement sinn agehale ginn, andeems den Här Max Hengel virum 7. Januar um 18.00 Auer, also véier Deeg virun dëser Sitzung, folgend Piëcen ofginn huet: eng Kopie vu senger Carte d'identité, fir ze beweisen, datt e Lëtzebuerger ass an 18 Joer huet; e Certificat de résidence, fir ze beweisen, datt hien am Grand-Duché leeft; souwéi eng Deklaratioun op d'Éier, datt keng Incompatibilitäten duerch Verwandtschaft oder Bestietnis bestinn. Mat dëser Deklaratioun erkläert hien, datt hien net Famill am éischte Grad oder am zweete Grad mat engem Deputéierten ass, net mat engem aneren Deputéierte bestuet ass an net iwwert d'Bestietnis mat engem aneren Deputéierten am éischten oder am zweete Grad Famill ass.

Mat der Awëllegung vum Här Max Hengel huet de Parquet général der Chamber d'Konklusiounen iwwert déi fënnf Konditiounen, wat d'Wielbarkeet ugeet, matgedeelt. De Parquet général huet ënnersicht, datt den Här Max Hengel seng zivill a politesch Rechter besëtzt, zu kenger krimineller Strof verurteelt gouf, net strofgeriichtlech duerch eng Verurteilung säi Walrecht verluer huet, net duerch eng Verurteilung seng Wielbarkeet verluer huet an net ënner Momperschaft steet.

Et ergëtt sech aus all deene Kontrollen op deene gesamte Piëcen, datt a) den Här Max Hengel d'Konditiounen, wat d'Wielbarkeet ugeet, erfëllt, esou wéi se an den Artikelen 52 an 53 vun der Verfassung an den Artikelen 127 an 128 vum Walgesetz virgesi sinn; b) den Här Max Hengel vu kenger Incompatibilitéit duerch Verwandtschaft oder Bestietnis betrëff ass, sou wéi et am Artikel 131 vum Walgesetz steet.

D'Pouvoir vum Här Max Hengel sinn deemno gültig!

Ass d'Chamber mat dëser Konklusioun averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Loosst wannechgelift den Här Max Hengel erakommen!

Här Hengel, ech bieden Iech, den Eed ze leeschten, esou wéi et am Artikel 57 vun der Verfassung virgesinn ass, an deen de folgende Wuertlaut huet: « Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'État. » Hieft wannechgelift déi riets Hand, fir den Eed ofzeleeën, a sot no mir: « Je le jure. »

**M. Max Hengel (CSV)** | Je le jure.

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech ginn Akt vum Eed vum Här Max Hengel. Här Hengel, Dir sidd elo zum Member vun der Chamber proklaméiert. Meng Felicitatiounen!

**M. Max Hengel (CSV)** | Merci.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech géif Iech bieden, Plaz ze huelen.

(Brouhaha)

Mir géifen dann elo direkt zur Vérification des pouvoirs vum Här Carlo Weber iwwergoen. Et ass Usus, datt all neigewielten Deputéierten eng Untrëttsried däreer halen. Well den Här Max Hengel nach ni Member an der Chamber war, kritt hien no där drëtter Vérification des pouvoirs, där vum Här Dan Kersch,

d'Wuert, fir seng Untrëttsried ze halen. Den Här Carlo Weber, deen och nach ni Member an der Chamber war, wäert no him seng Untrëttsried halen.

Elo komme mer zur Vérification des pouvoirs vum Här Carlo Weber.

Duerch den Arrêté grand-ducal vum 5. Januar 2022 ass den Här Claude Haagen als Regierungsmember ernannt ginn. Domat ass säin Deputéiertemandat fräi ginn. Esou wéi den Artikel 167 vum Walgesetz et virgesäit, muss e Suppleant op der Lëscht vum der LSAP aus dem Walbezierk Norden dozou opgeruff ginn, fir d'Mandat, dat fräi gouf, weiderzeféieren.

Duerch den Arrêté grand-ducal vum 5. Januar 2022 huet den Här Romain Schneider seng éierbar Demission als Regierungsmember vum Grand-Duc accorderé kritt. Laut Artikel 54 (3) vun der Verfassung gëtt den Deputéierten, deen an d'Regierung geruff gëtt an domat säin Deputéiertemandat niddrleet, als éischte Suppleant op der Lëscht, op där hie gewielt gouf, ageschriwwen, wann hien net méi Regierungsmember ass. Deemno ass den Här Romain Schneider den éischte Suppleant. Duerch säi Bréif vum 5. Januar 2022 huet hie matgedeelt, datt hien op dëst Mandat verzicht.

D'Kommissioun fir d'Iwwerpräiwung vun de Pouvoiren huet eng Reiefolleg vun de Suppleantë festgeluecht, déi den 30. Oktober 2018 vun der Chamber ugeholl ginn ass. Dëser Reiefolleg no ass den nächste Suppleant den Här Carlo Weber, deen d'Mandat ugeholl huet.

Et gouf weeder Zweifel nach Kontestatiounen, soudatt d'Chamber d'Gültgkeet vun de Pouvoiren vum Suppleant kontrolléiere konnt.

D'Artikelen 6 (2) an 3 (1) vun eise Reglement sinn agehale ginn, andeems den Här Carlo Weber déi virgesecho genannte Piëcen am Delai ofginn huet.

Mat der Awëllegung vum Här Carlo Weber huet de Parquet général der Chamber d'Konklusiounen iwwert déi fënnf Konditiounen, wat d'Wielbarkeet ugeet, matgedeelt. An et ergëtt sech aus deene genaue Kontrollen op deene gesamte Piëcen, datt den Här Carlo Weber d'Konditiounen, wat d'Wielbarkeet ugeet, erfëllt, esou wéi se an den Artikelen 52 an 53 vun der Verfassung an den Artikelen 127 an 128 vum Walgesetz virgesi sinn; den Här Carlo Weber vu kenger Incompatibilitéit duerch Verwandtschaft oder Bestietnis betrëff ass, sou wéi et am Artikel 131 vum Walgesetz steet.

D'Pouvoir vum Här Carlo Weber sinn deemno gültig.

Ass d'Chamber mat dëser Konklusioun averstanen.

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Loosst wannechgelift den Här Carlo Weber erakommen.

Här Weber, ech bieden Iech, den Eed ze leeschten, esou wéi et am Artikel 57 vun eiser Verfassung virgesinn ass, an dee folgende Wuertlaut huet: « Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'État. » Hieft wannechgelift déi riets Hand, fir den Eed ofzeleeën, a sot no mir: « Je le jure. »

**M. Carlo Weber (LSAP)** | Je le jure.

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech ginn Akt vum Eed vum Här Carlo Weber. Här Weber, Dir sidd elo zum Member vun der Chamber proklaméiert. Meng Felicitatiounen!

**M. Carlo Weber (LSAP)** | Merci.



**M. Fernand Etgen, Président** | Elo komme mer zur Vérification des pouvoirs vum Här Dan Kersch.

Duerch den Arrêté grand-ducal vum 5. Januar 2022 ass den Här Georges Engel als Regierungsmember ernannt ginn. Domat ass säin Deputéiertemandat fräi ginn. Esou wéi den Artikel 167 vum Walgesetz et virgesäit, muss e Suppleant op der Lëscht vun der LSAP aus dem Walbezirk Süden dozou opgeruff ginn, fir d'Mandat, dat fräi gouf, weiderzeféieren. Duerch den Arrêté grand-ducal vum 5. Januar 2022 huet den Här Dan Kersch seng éierbar Demissioun als Regierungsmember vum Grand-Duc accordéiert kritt. Laut Artikel 54 (3) vun der Verfassung ass den Här Dan Kersch den éischte Suppleant op der Lëscht. Duerch säi Bréif vum 6. Januar 2022 huet hie matgedeelt, datt hien d'Mandat unhëlt.

Et goufe weeder Zweifel nach Kontestatiounen, sou datt d'Chamber d'Gültigkeet vun de Pouvoir vum Suppleant kontrolléiere kann.

D'Artikelen 6 (2) an 3 (1) vun eise Reglement sinn agehale ginn, andeems den Här Dan Kersch déi virdru scho genannte Piëcen am Delai ofginn huet.

Mat der Awëlleegung vum Här Dan Kersch huet de Parquet général der Chamber d'Konklusiounen iwwert déi fënnf Konditiounen, wat d'Wielbarkeet ubelaangt, matgedeelt. Et ergëtt sech aus de genaue Kontrollen op deene gesamte Piëcen, datt den Här Dan Kersch d'Konditiounen, wat d'Wielbarkeet ugeet, erfëllt, esou wéi se an den Artikelen 52 an 53 vun der Verfassung souwéi an den Artikelen 127 an 128 vum Walgesetz virgesi sinn; den Här Dan Kersch vu kenger Incompatibilitéit duerch Verwandtschaft oder Bestietnis betraff ass, sou wéi et am Artikel 131 vum Walgesetz steet.

D'Pouvoir vum Här Dan Kersch sinn deemno gültig.

Ass d'Chamber mat dëser Konklusioun averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Loosst wannechgelift den Här Kersch erakommen.

Här Kersch, ech bieden Iech, den Eed ze leeschten, esou wéi et am Artikel 57 vun der Verfassung virgesinn ass, an dee follgende Wuertlaut huet: « Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'État. » Hieft wannechgelift déi riets Hand, fir den Eed ofzeleeën, a sot no mir: « Je le jure. »

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Je le jure.

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech ginn Akt vum Eed vum Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir sidd elo zum Member vun der Chamber proklaméiert. Meng Felicitatiounen!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här President.

(Brouhaha et applaudissements)

**M. Fernand Etgen, Président** | Wéi virdrun annoncéiert, wier et elo um Här Max Hengel, fir seng Untrëttsried ze halen. Här Hengel, ech ginn Iech d'Wuert.

**Discours de début de mandat**

**M. Max Hengel** (CSV) | „Här President, Dir Dammen an Dir Hären ...“ An de leschte Joren hunn ech e puer Riede geschriwwen, déi esou ugefaangen hunn. Se waren allerdéngs ni fir mech selwer, mee fir en Deputéierten.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Max Hengel** (CSV) | Wéi ech mech du virgëschter un de Schreifdësch gesat hunn, fir dës Ried virzebeereeden, war et schonn e ganz besonnescht Gefill, fir

dann elo eng Ried fir mech selwer ze schreiwen a fir no 16 Joer als Fraktiounsmataarbechter selwer an d'Chamber ze kommen.

Ech sinn immens frou, dass ech dës Méiglechkeet hunn, a freeë mech drop, mat Iech all heibannen zesammenzeschaffen.

Dës Chance, elo Deputéierten an der Chamber ze ginn, verdanken ech fir d'éischt de Wieler, deenen ech villmools Merci soe fir hiert Vertrauen. Anerersäits soen ech awer och dem Françoise Hetto villmools Merci, datt hatt mir d'Méiglechkeet gëtt, dës Chance wouerzehuelen, an datt et mer zoutraut, dës wichteg Mandat, dat hatt jorelaang mat ganz vill Engagement a Kompetenz ausgeübt huet, ze iwwerhuelen.

Ech sinn enorm motivéiert, dësen Challenge unzehuelen, an ech mengen, datt déi Erfarungen, déi ech bis elo a mengem Liewe gemaach hunn, mech och relativ gutt drop preparéiert hunn.

No engem Ëmwee iwwert den Droit hunn ech Geschicht a Politikwëssenschafte studéiert an am Fong konnt ech mir deemools nach guer net virstellen, datt ech emol selwer géif aktiv Politik maachen. Ech hu mech éischter esou an der Roll als Beroder gesinn. Dës Méiglechkeet hunn ech dunn och kritt, wéi ech 2006 Mataarbechter an der CSV-Fraktioun gi sinn ënnert dem President Michel Wolter.

Duerno hat ech d'Chance, de Jean-Louis Schiltz, de Lucien Thiel, de Marc Spautz, de Gilles Roth, de Jean-Claude Juncker, de Claude Wiseler an elo d'Martine Hansen an erëm de Gilles Roth als Fraktiounspräsidenten ze hunn. Hei hunn ech d'Inhalter, d'Prozeduren, d'Outilen a ganz vill Leit aus der Chambersverwaltung kennegeleiert, déi mir et elo wäerten erméiglechen, mäi Mandat ouni grouss Ulafzäit auszeüben.

Sou, ech wollt ëmmer eng Kéier, wéi ech et um Fernsee gesinn hunn, déi Fläsch hei opmaachen. Duerfir maachen ech dat och elo.

(Hilarité)

**Une voix** | Et ass kee Cremant!

**M. Max Hengel** (CSV) | Iwwert de Contenu vun der Fläsch kënne mer nach eng Kéier diskutéieren. Awer den éischten Dag, den éischten Dag ...

**M. Léon Gloden** (CSV) | Et ass e Produkt aus dem Osten.

**M. Max Hengel** (CSV) | Genau, et ass awer aus dem Osten.

(Hilarité)

**Une voix** | D'Zäit leeft nach.

**M. Max Hengel** (CSV) | Hei steet 15 Minutten a se leeft net of. Vun dohier ass et an der Rei.

(Hilarité)

Wéi ech dunn 2011 gefrot gi sinn, ob ech mech net wéilt selwer politesch engagéieren, hunn ech mer d'Fro gestallt, wat da meng Motivatioun ass, fir Politik wëllen ze maachen. An d'Äntwert war fir mech ganz einfach: d'Leit. Ech war vu Jonkem un engagéiert, besonnesch am Basket. Meng Statur léisst drop schléissen, datt ech Basketspillers sinn a war.

(Hilarité)

An ech hunn eeben do geléiert, zesumme mat anere fir dës Gemeinschaft, déi e Club ass, ze schaffen. Ech engagéiere mech schrecklech gär mat de Leit an ech schaffe fir d'Leit. Dat ass meng Passioun.

A fir mech ass et och wichteg, datt mir am stressege politeschen Alldag ni vergiessen, datt mir all just hei

sëtzen, well mer heihinner gewielt gi sinn, an datt et eis Aufgab ass, fir d'Wuel vun de Leit ze suergen.

Wéi de Basket ass och d'Politik en Teamsport. Als Eenzelkämpfer kënn ee meeschtens net ganz wäit, awer zesumme kann ee ganz viles bewierken. Dat ass iwwregens och de Grond, firwat ech säit 16 Joer an der Fraktioun schaffen. D'Kollegialitéit ass enorm grouss an d'Stëmmung ass extreem gutt.

A fir mech ass och ganz kloer d'CSV d'Partei, an där ech mech engagéieren, well si ass eng Vollektspartei a si muss probéieren, méiglechst vill Meenungen an Iddien ënner een Hutt ze kréien, déi et eeben an der Bevëlkerung gëtt, an doraus eng Positioun ze formuléieren, déi eng méiglechst grouss Majoritéit kritt. Dat ass fir mech de Reiz un der Politik an dat ass och meng Motivatioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Max Hengel** (CSV) | Ganz vill geléiert hunn ech, säit ech 2017 Buergermeeschter gi sinn an duerno, säit engem gudden Joer, als Schäffen. Iwwregens war et 2017 nach den Dan Kersch, dee mech als Buergermeeschter vereedeget huet.

Zesumme mat de Kolleegen aus dem Wuermers Schäffen- a Gemengerot hu mir als Ekip viles a Beweegung gesat zum Wuel vun der Gemeng a vun hiren Awunner. Mir hunn nach ganz vill Projeten an der Pipeline, déi mer amgaange si ze realiséieren.

Ech sinn awer net deen éischte Wuermers, deen hei an der Chamber ass. De Charles Wagner, den Aly Duhr an dee virun engem knappe Joer vill ze vill fréi Verstuerwene Carlo Wagner hu sech scho fir d'Interesse vum Osten heibannen agesat. Awer och haut sinn ech net deen Eenzege aus der „Wormer Gemeen“, wéi mir soen, deen hei sëtzt. Meng Fraktiounskolleegin Octavie Modert ass vu Meecht, d'Kolleegin Chantal Gary vun deene Grénge wunnt säit kuerzem zu Meecht, a mäi Kolleg, de Léon Gloden, freet mech a senger Qualitéit als Maacher Buergermeeschter bei all Geleechenheet, op Wormer dann net awer bereet wär, vläicht Meechteng eng Kéier u Maacher ofzetrieden.

(Hilarité)

Huet et eppes mat de Wäilagen ze dinn?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert mech op meng gewinnt oppen, pragmatesch an diplomatesch Aart a Weis an Zukunft dann an der Santéskommissioun, déi ech och scho säit 16 Joer als Mataarbechter begleeten, an der Petitiounskommissioun, an der Educationskommissioun an an der Logementskommissioun asetzen. Donieft dierf ech mech ëm d'Égalité Femmes-Hommes an der Interieurskommissioun këmmern.

D'Pandemie huet eis an de leschten zwee Joer nach méi dättelech d'Erausforderungen opgewisen, déi mir mussen an der Santé ugoen. Hei wëll ech mat upaken. De sënnavollen Ausbau vum Ambulatoire duerch dezentral Gemeinschaftspraxen oder Spidolsantenne ass hei ee méiglechen Usatzpunkt.

Als Gemengeresponsabele vun enger Gemeng direkt un der Grenz zu eisen däitschen Nopere gesinn ech awer och all Dag, wéi mer eise Logementproblem an d'Groussregioun exportéieren. Hei musse mir endlech couragéiert Léisunge fannen, fir datt eis Kanner och nach d'Chance op Wunnen hei am Land hunn.

Da sinn ech och ganz frou, datt ech de Volet Tourismus dierf iwwerhuelen. Dësen ass fir d'Musel a fir de Wäibau a fir den Osten am Generelle besonnesch wichteg an interessant. D'Musel, d'Sauer, de Mëllerdall hunn en enormt touristescht Potenzial, an dat musse mir notzen. An als Wormer aus der „Rieslingsgemeen“



wäert ech natierlech souwisou ëmmer en A um Wäibau hunn a beim Patt mat de Wënzer kënnen diskutieren.

Nieft dësen Theeme läit mir als Familljepapp awer selbstverständlech och den Ëmwelt- a Klimaschutz besonnesch um Häerz, well et mir wichteg ass, eise Kanner eng liewenswäert Welt ze hannerloossen an net, datt mir hinne mussen erklären, datt, well mir net gehandelt hunn, si mussen drënner leiden. Mir mierken all Dag, datt de Klimawandel do ass, a mir mussen elo all zesumme vill kleng a vill grouss Schrëtt maachen, fir dat Schlëmmst ze verhënneren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen, als deen ech haut hei virun Iech stinn, sinn ech och duerch ganz vill léif Leit, déi mech a mengem Liewe begleeten, ugefaange bei mengen Elteren, menger Famill, menge gudder Kolleegen, sief et aus dem Basket, de Schoulzäiten oder soss aus dem Liewen, an déi an de leschte Jore vill op mech verzicht hunn. Gradesou wichteg sinn awer och déi vill Leit, déi ech kennegeleiert hunn op der Gemeng, sief et als politesch Matstreider oder als Personal, an och meng Frënn a Kolleegen aus verschiddenen CSV-Komiteen a -Gremien, op deenen hir Ënnerstëtzung ech mech ëmmer verlosse kann.

Ech kann elo leider net jiddereen opzielen, och wann ech dat ganz gär géif maachen, awer da bräichte mir hei e Riedemodell 6.

*(Hilarité)*

Stellverriedend fir si all wëll ech dowéinst menger allerbeschter Fra a mengen zwee Jonge Merci soe fir hir Gedold an hir Ënnerstëtzung.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Max Hengel** (CSV) | Grad well ech och den Usproch hunn, e Papp ze sinn, deen och present ass, ass et mir wichteg, mäi Mandat a meng Famill gutt mateneen an Aklang ze bréngen. Meng Kanner hätten et iwwregens méi cool fonnt, wann ech elo e Youtuber oder Pompjee gi wier an net Deputéierten.

*(Hilarité)*

Mee se mussen dat awer och elo packen, mengen ech.

Zu gudder Lescht soen ech deenen allerbeschten Aarbechtskolleegen an der Fraktioun, déi ee sech ka virstellen, Merci. Dem Marco, dem Ben, dem Florence, dem Chantal, dem Bea, dem Julie, dem Philippe, dem Mara, dem Frank, dem Nico an dem Maxime, dem Ady, dem Claude, dem Jempi, dee frësch gebakene Papp ass, dem Jill, dem Jean-Claude an zu gudder Lescht mengem Binôme, dem Marc Reiter, mat deem ech säit 16 Joer ganz vill flott Saachen erlieft hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Max Hengel** (CSV) | An do wäeren der nach e puer opzezielen, déi an deene leschte 16 Joer do passéiert sinn. Mee dat géif d'Saach elo e bësse sprengen. Duerfir soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech freeë mech op eng gutt Zesummenaarbecht.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Max Hengel.

*(Brouhaha)*

An et wier elo um Här Carlo Weber, fir seng Untrëttsried ze halen. Här Weber, wannechglift.

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Här Chamberspräsident, Dir Dammen an Hären, als Alleréischts wëllt ech villmools Merci soe fir déi léif Begrëssung hei am Haus. Ech war de Mëtteg ganz fréi un an dat war ganz sympathesch. Villmools merci. Dat deet engem richteg gutt, wann ee frësch hei op der Bün steet.

Ech sinn houfreg, fir elo als Deputéierte vun der LSAP d'Nofolleg vum Claude Haagen, deen elo an d'Regierung gewieselt ass, unzetrieden. Dem fréiere Minister Romain Schneider, duerch deen dësse Changement agetrueden ass, soen ech villmools Merci fir säi grouss Engagement während Joerzéngten.

Dem Schniggi, wéi hien am Pëtz an de Fussballkreesser genannt gëtt, senger Famill, wënsche mer eng schéin, wuelverdëngte Penssioun. Alles Guddes wënschen ech awer och deene Memberen aus deenen anere Parteien, déi elo de Wee an d'Penssioun ugetrueden hunn.

Här President, ech sinn op engem klengen Bauerebetrieb zu Brotebaach opgewuess. Do gouf vill geschafft. Jiddereen huet eng Hand ugepaakt. Et war ee frou mat den Déieren a frou an zefridden, wann d'Kulturen d'Scheier gefëllt hunn, well da woussst een, dass jiddwieren d'ganz Méint iwwert de Wanter gutt gelaunt war.

Eis Famill war eigentlech ëmmer säit Joerzéngte politesch engagéiert. Mäi Papp a meng Monnie waren a verschiddene Parteien. Dat war grad dat Schéinst als Kand, fir do derbäi ze sinn.

*(Hilarité)*

Dat heescht, hëtzeg politesch Debatte goufe well um Kiermesdësch bei eis am Elterenhaus gefouert. Dat huet mech deemools inspiréiert. Ech hu gären nogelauschtert, probéiert, heiansdo matzediskutieren. Ech kouw an e Krich, an d'Gespréich eran. Ech denken, haut géif dat aneschtens goen.

*(Hilarité)*

Am Ufank war ech virun allem am Veräinsliewen engagéiert. Doraus huet sech mäin Interessi fir d'Loikapolitik entwéckelt. Sou war et fir vill Leit am Joer 2005 keng grouss Iwwerraschung, wéi et geheescht huet, de Carlo Weber vu Brotebaach, am Éislek de Carel genannt, geet mat an d'Gemengewalen zu Wëntger. Dobäi war et mir a menger Ekip, der LSAP-Ekip, wichteg, fir de sozialen Zesummenhalt ze stäerken, ganz konkret Projeten op de Wee ze bréngen, déi d'Liewensqualitéit vun de Leit am Alldag nach géife verbesseren.

Ech denken hei un eng Apdikt, déi mer konnten an där Legislaturperiod realiséieren, an e Centre médical, deen haut en Unzéiungspunkt ass, speziell an der Pandemie, deen immens gesicht gëtt, an och weider flott Sportinfrastrukturen um Site goufen an där Legislaturperiod gebaut.

No zwielef Joer am Schäfferot, elo am Gemengerot, kréien ech elo d'Geleeënheet, fir déi national Politik matgestalten. Dat virun allem a Beräicher, déi mer wichteg sinn.

Ech freeë mech drop, fir an der Agrarkommissioun kënnen matzeschaffen. Meng Passioun fir d'Landwirtschaft, d'Natur an Déier huet eigentlech ni opgehal. Eis Baueren a Wënzer spillen eng ganz wichteg Roll fir den Erhalt vun eise schéine Kulturlandschaften. Hir Aarbecht huet e wichtegen Impakt op d'Ëmwelt an de Klimaschutz.

Si stinn dacks an der Kritik, leeschten awer e ganz positive Bäitrag, dee leider net ëmmer vun der Gesellschaft unerkannt gëtt. Eis Landwirtschaft an de Wäibau sollen op eng nohalteg Aart a Weis bewirtschaft ginn. Gläichzäiteg mussen d'Bauere vun hirer Aarbecht kënnen liewen a brauchen eng sozial Ofsécherung.

Eng gutt sozial Ofsécherung ass insgesamt fir eis Bevëlkerung immens wichteg. Grad während der Pandemie ass et ville vun eis erëm bewosst ginn, datt dat keng Selbstverständlechkeet ass an datt de

Lëtzebuerger Sozialmodell derfir gesuergt huet, datt mer bis elo relativ gutt duerch dës Kris komm sinn. Hei an der Chamber wäert ech d'Geleeënheet notzen, fir mäi Bäitrag ze leeschten, fir dass eis Sozialsystemer, déi op Solidaritéit opgebaut sinn, an Zukunft erhalte bleiwen a gestärkt ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Als Handwierker weess ech, dass Leit mat engem klengen finanziellen Akommes vun engem gutt funktionéierende Staat ofhängeg sinn.

En drëtte wichtige Sujet: d'Mobilitéit am Alldag. Wéi de Moien oder gëschter Moien, wéi ech erof an eng Versammlung kouw, wann een aus dem héijen Norden, zum Beispill Brotebaach, bis hei an den Zentrum mam Auto kënnt, brauch ee liicht iwwer eng Stonn. An de Spëtzenzäite kann dat bis zu zwou Stonnen daueren. Fir Privatleit, Betriber, Livreuren, Geschäfte bedeit dat en enormen Zäitverloscht.

Hei ass eng Haaptachs duerch Ettelbréck, déi den Norde mam Zentrum-Stad verbënnt. Do hëlleft just e Contournement, wéi en am Kader vum Mobilitéitskonzept „Nordstad 2035“ an den Informationsversammlunge presentéiert gouf. Dat bedeit och eng verbessert Liewensqualitéit fir d'Leit aus der Nordstad.

Permanent Stau bedeit och eng Erhéijung vum CO<sub>2</sub>-Ausstouss. Déi aktuell sanitär Kris drängt de Klima- an den Ëmweltschutz e bëssen an den Hannergrond. Mir duerfen d'Leit awer net iwwerfuerechen a musse gezielte Prioritéite setzen, déi jidderee versteet. Eis Gesellschaft steet an dëse Beräicher viru groussen Erausforderungen. Déi néideg Verännerungen wäerten hire Präis hunn. Allerdéngs kann et net sinn, dass wéi esou dacks déi Schwächst an eiser Gesellschaft dës Präis bezuelen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Ech hoffen, hei an der Chamber kënne mäin Deel derzou bäizedroen, dass mer eis Ziler an deene Beräicher erreechen, ouni dass déi Leit, déi ewell knapps iwwert d'Ronne kommen, zousätzlech belaascht ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Carlo Weber** (LSAP) | An deem Sënn villmools merci fir d'Nolauschteren an déi konstruktiv Zesummenaarbecht. Ech freeë mech hei op déi nächst Zäit.

Ech erlabe mer, Här President ... Haut ass net nëmmen hei eng grouss Eierung fir mech, mee haut huet meng Mamm och nach Gebuertsdag.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Carlo Weber** (LSAP) | An deem Sënn - 84 Joer - alles Guddes vun dëser Säit aus a virun engem stabill Gesondheet. Villmools merci!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Weber. An och mir wënschen Är Mamm alles Guddes fir de Gebuertsdag.

**Plusieurs voix** | Très bien!

## 7. Changements de composition des organes de la Chambre des Députés

**M. Fernand Etgen**, Président | Dir Dammen an Dir Hären, andeems den Här Georges Engel an den Här Claude Haagen an d'Regierung genannt gi sinn, ass ee Posten als Member vum Bureau an ee Posten als Membre suppléant permanent fräi ginn. Et gëtt proposéiert, datt den Här Yves Cruchten Member vum





Bureau gëtt an datt d'Madamm Francine Closener Membre suppléant permanent gëtt. Gëtt et soss nach eng Propos, wat de Poste vum Member vum Bureau ugeet an de Poste vum Membre suppléant permanent vum Bureau?

(Négation)

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass.

Fir de Poste vum Member vum Bureau gëtt et also esou vill Kandidaten, wéi et Poste gëtt. Et brauch deemno net ofgestëmmt ze ginn, wann d'Chamber domadder averstanen ass. Ass d'Chamber domadder averstanen, den Artikel 7 (5) vum Chambersreglement ze applizéieren?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert. Den Här Yves Cruchten ass domat zum Member vum Bureau proklaméiert. Esou wéi den Artikel 10 vum Chambersreglement et virgesäit, gëtt de Grand-Duc iwwert dës Zesummesetzung a Kenntnis gesat.

Fir de Poste vum Membre suppléant vum Bureau gëtt et also och nëmmen eng Kandidatur. Et brauch deemno net ofgestëmmt ze ginn, wann d'Chamber domadder averstanen ass. Ass d'Chamber domadder averstanen, den Artikel 7 (5) vum Chambersreglement ze applizéieren?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert. D'Madamm Francine Closener ass domat ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | ... zum Suppleant vum Bureau proklaméiert.

Wat d'Conférence des Présidents ubelaangt, géif ech Iech gäre matdeelen, datt den Här Yves Cruchten den Här Georges Engel ersat huet.

## 8. Changements de composition de commissions parlementaires

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt, hunn ech folgend Ofännerunge matgedeelt kritt:

An der Commission de contrôle parlementaire du Service de renseignement de l'État ersetzt den Här Yves Cruchten den Här Georges Engel.

An der Commission des Pétitions ersetzt den Här Max Hengel d'Madamm Octavie Modert.

An der Commission du Règlement ersetzt den Här Yves Cruchten den Här Georges Engel.

An der Sous-Commission « Télétravail » de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale ersetzt den Här Dan Kersch den Här Claude Haagen.

An der Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes ersetzt den Här Carlo Weber den Här Claude Haagen, ausser fir de Volet „Égalité entre les femmes et les hommes“, an en ersetzt d'Madamm Francine Closener fir de Volet „Égalité entre les femmes et les hommes“ a gëtt deemno volle Member. D'Madamm Simone Asselborn-Bintz ersetzt d'Madamm Lydia Mutsch fir de Volet „Égalité entre les femmes et les hommes“ a gëtt deemno och volle Member. An den Här Max Hengel ersetzt d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch fir de Volet „Égalité entre les femmes et les hommes“.

An der Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace ersetzt den Här Carlo Weber den Här Claude Haagen.

An der Commission de la Santé et des Sports ersetzt den Här Max Hengel d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch.

An der Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural ersetzt den Här Carlo Weber den Här Claude Haagen.

An der Commission des Classes moyennes et du Tourisme ersetzt den Här Max Hengel den Här Emile Eicher fir de Volet „Tourisme“ an den Här Emile Eicher behält de Volet „Classes moyennes“.

An der Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche ersetzt den Här Max Hengel d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch.

An der Commission de la Mobilité et des Travaux publics ersetzt den Här Carlo Weber den Här Dan Biancalana.

An der Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire ersetzt den Här Carlo Weber den Här Georges Engel.

An der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire ersetzt den Här Dan Kersch den Här Claude Haagen an den Här Carlo Weber d'Madamm Cécile Hemmen.

An der Commission des Finances et du Budget ersetzt den Här Dan Kersch den Här Claude Haagen an den Här Yves Cruchten den Här Georges Engel.

An der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle ersetzt d'Madamm Cécile Hemmen den Här Georges Engel an den Här Dan Biancalana d'Madamm Francine Closener.

An der Commission du Logement ersetzt den Här Max Hengel d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch.

A schliisslech: An der Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale ersetzt den Här Dan Kersch den Här Georges Engel, den Här Carlo Weber den Här Claude Haagen an d'Madamm Francine Closener den Här Yves Cruchten.

Wat d'Zesummesetzung vun der Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche ugeet, huet d'CSV-Fraktioun ugefrot, datt den Här Serge Wilmes den Här Paul Galles alkéiers fir de Punkt iwwert d'Proposition de loi 7921 iwwert d'Aféierung vum CePAS an der Grondschoul ersetzt, an dat bis zum Enn vun der Prozedur vun dëser Proposition de loi.

Gëtt et iergendwellech aner Ännerungsvirschléi? Ech gesinn, datt dat net de Fall ass. Ass d'Chamber mat dësen Ännerungen averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 9. Changements de composition de délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentareschen Delegatiounen ubelaangt, si folgend Ännerungen agaangen:

An der Délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe ersetzt d'Madamm Cécile Hemmen den Här Claude Haagen als Membre suppléant an den Här Max Hengel ersetzt d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch als Membre suppléant.

An der Délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée parlementaire de l'Organisation pour la sécurité et la coopération en Europe, der OSCE, ersetzt den Här Gilles Baum den Här Claude Haagen als effektive Member.

An der Délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée interparlementaire Benelux ersetzt den Här Dan Kersch den Här Georges Engel als Membre suppléant an den Här Carlo Weber den Här Claude Haagen als Membre suppléant.

An der Délégation luxembourgeoise auprès du Conseil parlementaire interrégional, dem CPI, ersetzt den Här Carlo Weber den Här Dan Biancalana als effektive Member.

An der Délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée parlementaire de la francophonie ersetzt den Här Max Hengel d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch als effektive Member.

An der Délégation luxembourgeoise auprès de l'Union interparlementaire ersetzt den Här Yves Cruchten den Här Georges Engel als effektive Member.

A schliisslech: An der Délégation luxembourgeoise du Groupe de contrôle parlementaire conjoint d'Europol ersetzt den Här Dan Biancalana den Här Georges Engel als effektive Member.

Gëtt et dozou iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

(Négation)

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass. Ass d'Chamber mat deenen Ännerungen averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

**Plusieurs voix** | Dat ass falsch!

**M. Fernand Etgen**, Président | Da géif ech d'Wuert un déi honorabel Martine Hansen gi fir den Depot vun enger Resolutioun.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo, ech hunn u sech nach eppes ze soen, well ech weess net, ob dat elo falsch gemellt ginn ass oder falsch gesot ginn ass, mee an der Francophonie ersetzt d'Diane Adehm d'Françoise Hetto an et ass net esou, datt de Max Hengel d'Françoise Hetto ersetzt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ok, d'Madamm Diane Adehm ersetzt d'Madamm Françoise Hetto bei der APF. Dann huele mer Akt dovunner.

## 10. Dépôt d'une résolution par Mme Martine Hansen

Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Villmools merci, Här President. Wéi Der warscheinlech schonn héieren hutt, hat d'Comexbu en Avis juridique gefrot fir d'Interpretatioun vum Artikel 99 vun der Verfassung am Kader vun der SuperDrecksKëscht. Dee-mools hat de Gilles Roth an der Kommissioun drop higewisen, datt ee misst ofklären, ob do net eng Loi spéciale misst gemaach ginn.

D'Comexbu huet gëschter d'Fro u sech weiderginn un d'Conférence des Présidents, wéi soll mat der Publicitéit vun dësem Avis respektiv vun där Nott vun der Cellule scientifique verfuer ginn. An an der Conférence des Présidents ass du gëschter Owend decidéiert ginn, éischstens, datt déi ganz Regierung soll dës Nott respektiv den Avis kréien; zweetens, wann



d'Regierung e soll ganz kréien, dann ass et kloer, datt och all Deputéierten e soll kréien - dat ass och decideréiert ginn -, an dunn ass awer virun allem op Drock vun deene Grénge géint eis Meenung - well mir waren derfir, datt hei soll Transparenz spillen - decideréiert ginn, datt den Avis misst strictement confidentiel bleiwe bis d'nächst Woch, wann d'Reunion jointe wär vun der Comexbu a vum Environnement.

Sou, du sinn ech de Moien awer bal - wann ech um Stull gesiess hätt, mee ech souz net um Stull - vum Stull getrollt, wéi ech de Vizepräsident vun deene Grénge op RTL héieren hunn. Ech zitieren: „Ech hu mir déi Avisen, déi Der zitieréiert hutt, gëschter nach eng kéier ugekuckt.“ Dat heescht, en huet se eemol ugekuckt an en huet se nach eng kéier ugekuckt.

Här President, den Här Sehovic, och wann en als Vizepräsident ...

**Une voix** | Kopresident.

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | ...oder Kopresident vun deene Grénge an der Fraktioun schafft, sou ass hien awer weeder Member vun der Regierung nach ass e Member hei vun der Chamber. Hien ass net Deputéierten!

An da kann ech nëmme feststellen, datt déi gréng sech net un dat halen, wat si u sech vun deenen anere gëschter gefuerdert hunn. An dat ass an eisen Aen net ze akzeptéieren!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | An do géif ech mer och u sech eng kéier kloer Wieder vum Här President wënschen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | An am Sënn vun der Transparenz fuerdere mer, datt den Avis juridique, déi Nott u sech soll direkt fir jiddweree public ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

### Résolution

« Note de la Cellule scientifique au sujet de l'action "SuperDrecksKëscht" »

La Chambre des Députés,

- vu la demande d'avis juridique de la Commission de l'exécution budgétaire (Comexbu) au sujet de l'action « SuperDrecksKëscht » du 11 octobre 2021 ;

- vu la décision de la Conférence des Présidents du 14 octobre 2021 de confier cette tâche à la Cellule scientifique de la Chambre des Députés ;

- notant qu'après finalisation de la note de la Cellule scientifique, la Conférence des Présidents a décidé hier de soumettre ladite note aux membres du Gouvernement et aux députés sous le strict couvert de la confidentialité jusqu'à la réunion jointe de la Comexbu et de la Commission de l'Environnement de lundi prochain ;

- considérant toutefois que le coprésident du parti déi Gréng, qui n'est ni membre du Gouvernement, ni membre de la Chambre des Députés, a déclaré, ce matin, sur les ondes de RTL avoir (re)lu ladite note,

décide

- de rendre ladite note immédiatement accessible au public.

(s.) Martine Hansen, Léon Gloden, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hansen.

**Une voix** | Ganz gutt!

**Une autre voix** | Très bien!

## 11. 7943 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

**M. Fernand Etgen**, Président | Op eisem Ordre du jour vun de Mëtteg steet de Projet de loi 7943, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Afféierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an ech géif dann d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kolleegen, dat neit Joer fänkt un, wéi dat aalt opgehale huet: mat engem weidere Gesetz am Kampf géint de Virus. Et ass, wann ech mech net ieren, dat 26. Gesetz, dat ech am Numm vun der Gesondheets- a Sportskommissioun virdroen.

Do kann ee sech d'Fro stellen, ob dat da muss sinn, dass ee Gesetzter am 14-Deeg-Rhythmus ausschafft a stëmmt.

**Une voix** | Nee.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Anesch - an ech ënnersträichen - wéi aner Länner, déi Moossname quasi am Dagesrhythmus iwwer Dekret beschléissen oder änneren, wat net esou opfällt, hu mir duerfir de gesetzleche Wee gewielt, deen zwar méi beschwéierlech ass, mee wou awer Regierung, Parlament, Staatsrot a berodend Instanzen enk mateneen zesummeschaffen. An dat ass gutt esou, well mer zesummen eng besser Aarbecht kënne leeschte wéi een aleng. An och wa mer ganz schnell schaffen, maache mer eng propper legislativ Aarbecht, well jiddweree mat upeekt. An duerfir wëll ech hei en expresse Merci soen un all déi, déi dru bedeelegt sinn, ënner erschwéierte Konditiounen hei zäitgerecht Projeten, déi noutwendeg sinn, ofzeliwweren.

An dat ass wichteg zu engem Zäitpunkt, zu deem déi nei Virusvariant Omikron wéi en Tsunami iwwer eis rullt! Niewent den héijen Infektiounszuelen, déi mer am A musse behalen, der Belaaschtung vun de Spideeler, déi e virrangege Krittär bleift, si mer elo mat engem reelle Risiko konfrontéiert, dass Schlüsselsektore vun eiser Gesellschaft duerch vill covidbedéngte Krankheetsfäll un hir Limite stoussen.

Duerfir gëllt et, suergfältig ofzeweien, wéi een duerch eng Rei vu Moossname Kollateralschied an der Santé, Police, Hëllefsgéngschter an anere wichtige Secteure kann offiederen, ouni de Gesondheetschutz ze gefäerden. Dat ass net einfach, fir déi Balance ze fannen, mee mir ginn eis jiddefalls Méi, fir dat ze maachen.

An och wa mer festgestallt hunn, datt dee Virus a seng Varianten eis meeschtens - meeschtens, bal ëmmer - e Schratt virus sinn, an dat gëllt net nëmme fir Lëtzebuerg, mee dat gëllt weltwäit ... Et soll emol ee mer soen, deen am Endeffekt, wann en d'Course ugefaangen huet, och hannen als éischten ukomm ass. Beim Beispill Dänemark gesi mer: Do war d'Wonnermëttel fonnt ginn. A wou sti mer haut? Also, e Wonnermëttel gëtt et net. Et gëtt keng Wonnerwaffen, an dofir - grad dofir - ass Näischtmaachen ni eng Optioun!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Dofir dëst Gesetz. D'Infektiounszuelen - an ech kommen op d'Situatioun um Terrain - sinn an deene leschten Deeg staark an d'Luucht gaangen. Déi symbolesch Limit vum 2.000 Neinfektiounen an engem Dag - 2.000 an engem Dag! - ass de 4. Januar eng éischte kéier iwwerschritt ginn.

Vun e Freiden op e Sonnde si leider weider aacht Persounen am Zesummenhang mat Covid-19 gestuerwen. Dat muss eis ganz staark interpelléieren! Trotzdeem ass bis elo - an ech betounen: bis elo! - d'Situatioun an de Spideeler nach relativ ënner Kontroll. Och wann d'Zuel vun de Leit am Spidol klëmmt, sou bleift d'Zuel vun de Patienten op der Intensivstation relativ stabil ëm 20 Persounen. Mee mir wëssen, dass dat sech schnell ännere kann. Wien et net gleeft, soll iwwert d'Grenze kucken.

D'Phas 3 fir d'Spideeler ass weiderhin a Kraaft. Dat bedeit, datt chirurgesch Agräffer, déi net dréngend sinn, kënne verluucht ginn. Mëttlerweil ass d'Variant Omikron dominant. Laut den aktuellen Erkenntnisser ass si dräi- bis fënnemol méi infektiéis wéi de Virgänger Delta. Et schéngt awer, mee och dat ass mat Virsiicht ze genéissen, wéi wann e manner oft zu engem schwierigen, engem schwéierwigen Krankheetsverlaf féiert wéi den Delta.

Mee aleng duerch déi vill méi héich Unzuel un Infektiounen, déi sech duerch den Omikron ergëtt, ass natierlech de Risiko, datt eis Spideeler un hir Kapazitätsgrenze kommen, weiderhi grouss.

Net ze ënnerschätzen ass och, datt duerch en héije Krankstand liewenswichtig Servicer kéinten a Fro gestallt ginn, jo souguer zesummebréchen. Dat ass net Schwarzmolerei, dat ass eng reell Gefor.

Fir dat ze verhënneren, gëllt et weiderhin, an ech soen dat mat Iwwerzeegung: impfen, impfen, testen an déi elementar Virsiichtsregelen anhalen! Et gëtt net eng Solutioun, mee et gëtt eng Kombinatioun vu verschiddene Reaktionsméiglechkeeten, déi eis kënnen hëllefen, derduerchzekommen, esou gutt wéi méiglech derduerchzekommen.

Wat steet elo am neie Projet de loi? Den 2G-Regimm - dat heescht zweemol geimpft plus geboostert - gëtt ugepasst. Am leschte Covid-Gesetz, dat de 24. Dezember ugeholl ginn ass, war domat d'Erhéijung vun den Infektiounen anticipéiert an de Regimm vum 2G+ agefouert ginn.

Mat dem jëtzege Gesetz gëtt och weiderhin um Regimm 2G+ festgehalen, mee e gëtt un déi rezent Erkenntnisser ugepasst. Esou weisen déi neist Etüden, och wa se nach net alleguer publizéiert sinn a wa se nach an der Maach sinn, dass een och bis zu sechs Méint no enger kompletter Impfung nach daitlech protegéiert ass. Duerfir gëtt hei virgeschloen, dass d'Leit, déi innerhalb vun deene leschte sechs Méint komplett geimpft goufen, net méi mussen den Autotest op der Plaz maache respektiv net méi mussen en negatiiv Testresultat vun engem PCR-Test oder zertifizierten Antigentest virleeën, fir kënnen un enger Manifestatioun deelzehuelen, déi ënnert dem CovidCheck-Regimm steet. Dat gëllt natierlech och fir d'Betriben, déi ënnert dem CovidCheck-Regimm sti wéi Restauranten, Caféen. Ausgeschloss vun dëser zousätzlecher Testpflicht vum 2G+-Regimm sinn och d'Leit, deenen hir Infektioun manner wéi sechs Méint zréckläit.

Also: No sechs Méint fält ee selbstverständlech an deen normale Regimm, et muss een, wann ee wëllt enzwoosch erakommen, de Booster gemaach hunn. Et ass also eng gleitend Iwwergangphas: Wann een



zënter dräi Méint geimpft ass - fir d'zweet oder Johnson eemol -, da gëllen nach dräi Méint. Duerno ass deen normale Regimm. Wann een haut fir d'zweet geimpft gëtt, theoreetesch kéint een da sechs Méint mat deem allegéierte Regimm lafen, mee et gëtt kee Grond, fir dat bis zum Schluss auszereizen. Et gëtt gutt Grënn, fir esou schnell wéi méiglech kënnen de Booster - erlaabt mer dat Wuert - nozeschéissen.

Et bleift also och derbäi, dass déi Leit, déi geboostert sinn, och vun dëser zousätzlecher Pflicht vum 2G+ ausgeschloss sinn. Doduerch sollen och déi geimpfte Leit encouragéiert ginn, sech boosteren ze loosser, wéi ech dat scho virduen ënnerstrach hunn.

Zweetens gëtt d'Validitéitsdauer vun den europäeschen Certificaten un déi nei europäesch Reegelen ugepasst. Op europäeschem Plang ass sech den 21. Dezember drop géeneegt ginn, dass den europäeschen EU-Certificat nëmme nach eng Validitéit vun néng Méint amplat zwielf Méint huet. Dat seet awer elo net onbedéngt eppes doriwwer aus, wat an deene jeeweilege Länner mat deem Certificat erlaabt ass. Do huet jo all Land oder vill Länner hunn aner Reegelen a Mesuren en place.

Wat elo de Certificat fir d'Leit ubelaangt, déi eng Boosterimpfung hunn, do besteet nach keen Accord op europäeschem Niveau, wéi laang dee soll gëlte sinn. Duerfir ass elo mol an dësem Gesetz keng Gültigkeetslimit virgesinn, mee och dat ass net a Stee gemeesselt a wäert wuel mat enger zukünftiger Adaptatioun vum Gesetz oder der europäescher Reglementatioun ugepasst ginn, wa mer méi Informatiounen iwwert d'Schutzdauer, de Schutz nom Booster virleien hunn.

Dann drëttes weesentleche Punkt: d'Reduzierung vun der Isolatiounsduerch ënner verschidde Konditiounen. An dat ass eng weesentlech Ännerung. Hei ass et esou, dass rezenten Erkenntnisser Rechnung gedroe gëtt. Sou weist sech méttlerweil, dass Leit, déi rezent geimpft, geboostert, geheelt sinn an trotzdeem krank ginn, manner laang infektiéis si wéi Leit, déi net geimpft sinn oder deenen hir Impfung méi laang zréckläit.

Duerfir ass proposéiert ginn, dass déi dräi Kategorie vu Leit, wa se sech sollten ustiechen, d'Méiglechkeet kréien, no sechs Deeg aus dem Isolement ze kommen. A Fro komme Leit, deenen hir komplett Impfung manner wéi sechs Méint zréckläit, Leit, déi manner wéi sechs Méint geheelt sinn, oder Leit, déi geboostert sinn. D'Bedingung duerfir ass, dass se de fënnefen an de sechsten Dag e Schnelltest maachen an dass deen och negativ ass.

Hei sinn elo keng Kontrolle virgesinn, mee et gëtt op d'Responsabilitéit vun all Eenzelen gesat.

An eisen Diskussiounen ass an der Kommissioun d'Fro opgeworf ginn, ob geimpfte Persounen - zweemol oder eemol bei Johnson an Johnson -, déi als Kontaktperson gemellt ginn, eng Ordonnance kréien, fir e PCR-Test ze maachen. Mir krute confirméiert, dass net alleguer, mee au cas par cas effektiv och geimpfte Persounen eng Ordonnance geschéckt kruten. Dëst gëtt awer elo net méi gemaach, dat heescht, an dat ass wichteg fir déi Concernéiert, dass geimpfte Persounen keng Ordonnance méi kréien, fir e PCR-Test maachen ze goen, wa se als Kontaktperson gemellt sinn.

Dann ass och eng méi kleng Ännerung virgesinn, an zwar gëtt ausdrécklech am Text festgehalten, dass eng Zertifizierung vun engem Schnelltest net kann iwwer virtuell Medie gemaach ginn, well do Abuse méiglech sinn.

Zu den Aarbechten an eiser Kommissioun: Och dës Kéier huet den Text d'Kommissioun net esou verlooss,

wéi en erakomm ass. Den Dag, nodeems den Text deposéiert ginn ass, sinn eng Rei vun Amendementen nogereecht ginn. Da konnte mer op d'Hëllef vum Staatsrot zielen, dee wuel e kriteschen Avis zum Text ofginn huet mat enger Rei vun Oppositions formelles, mee deen awer och ganz konstruktiv Propositione gemaach huet, fir déi Awänn kënnen aus dem Wee ze schafen, esou am Fall vun der Definitiv vum Rappel de vaccination. Do huet de Staatsrot kritiséiert, dass den Direkter vun der Santé géif e Pouvoir kréien, deen net mat der Verfassung vereinbar ass. Déi Kompetenz gouf du fale gelooss.

Änlech Reflexiounen huet de Staatsrot gemaach betreffend d'Dauer vun der Isolatioun. Do war ugeduecht, d'Wuert „maximal“ an de Gesetzestext ze setzen, fir dass een déi Dauer vun zéng respektiv sechs Deeg vun Isolement kéint méi einfach upasse wéi mat enger Gesetzesännerung. Mee och dat wier net verfassungskonform gewiescht, sot de Conseil d'État. Duerfir hu mer och dat fale gelooss. Doniewent goufen et eng Rei vun Oppositione wéinst juristeschen Onkloerheeten, déi mer awer konnten aus dem Wee schafen.

An der Kommissioun ass och d'Fro no der wëssenschaftlecher Basis gestallt ginn, op där d'Decisioun baséiert, fir d'Isolatiounsduerch a verschidde Fäll ze reduzéieren. Do ass eis erkläert ginn, dass et wuel wëssenschaftlech Erkenntnisser gëtt, mee dass et awer nach dauert, bis dass se kënnen an der Fachliteratur publizéiert ginn oder publizéiert sinn.

Mee den ECDC, dat ass den Europäeschen Zentrum fir d'Prevention an d'Kontroll vun ustiechende Krankheiten, validéiert dës Zort vun Approche.

Zu der Prozedur: Den Depot vum Text war de 5. Januar. De 6. Januar sinn d'Amendementen nogereecht ginn. Den Avis vum Staatsrot ass gëscht komm. E Resümee vu weideren Avisen ass am schrëftleche Rapport ze fannen, deen haut de Moie vun der Kommissioun ugeholl ginn ass. Dëst sinn d'Avis vum Collège médical, vun der Chambre de Commerce a vun der consultativer Mënschrechtskommissioun.

Zum Schluss nach e puer méi perséinlech Iwwerleeungen. Natierlech kéint een elo soen, déi Ännerung vum 2G+ hätt een och schonns bei der Aféierung vum 2G+ direkt kënne maachen. Herno ass een ëmmer méi schlau wéi virduen. Mee dat heite seet och eppes iwwert d'Approche aus, mat där dës onberechenbar Pandemie bekämpft gëtt.

Mir hu preventiv gehandelt, wéi mer den 2G+ viru Chrëschttag gestëmmt hunn. An elo si mer eis net ze schued, fir eppes un deem System ze änneren, wa mer gesinn, dass nei Problemer optauchen.

Déi Problemer hunn ech virdu skizzéiert. Dat ass den héije Krankstand, dee riskéiert, eenzel Secteuren a Fro ze stellen. Et schéngt, wéi wann et deem Virus seng Strategie wär, eis midd ze maachen, eis dozou ze kréien, keng Loscht méi ze hunn. Jo, heiansdo géllt et em.

Wat ech de 24. Dezember gesot hunn, géllt genauso gutt haut am neie Joer. De Virus mutéiert dauernd a gräift un, wa mer eis a falscher Sécherheet fillen. Mee och mir léiere schnell an adaptéieren eis permanent. Bleiwe mer stoen, losse mer eis veronsécheren an iere mer eis am Géigner, da wénnt de Virus weider un Terrain.

Mir hu keng Wonnerwaff, mee eng ganz Rei vu Géigemittelen. Nieft der Impfung, wannechgelift dräimol, ass a bleift dat eise Verstand an eis Biergerpflicht, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | ... fir op eis selwer an een op deen aneren opzepasst. Dat ass eis Biergerpflicht, och ouni gesetzlech Pflicht elo schonn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapportier Mars Di Bartolomeo.

Ech ginn d'Wuert direkt weider un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Claude Wiseler.

**Discussion générale**

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci, Här President. Ech soen och dem President vun der Kommissioun nach eng Kéier Merci fir säi 26. Rapport. Et gëtt net langweilig hei an der Chamber, well et ass allkéiers eppes anescht an et ass allkéiers vill Aarbecht. Mir maachen déi och an enger Vitess, déi jo awer bewonnerenswäert ass, och wa mer heiansdo Problemer domadder hunn, mee mir wëllen eis als Chamber an och als Oppositionspartei jo och net an d'Hand huele loosser. An dofir si mer och prett, déi Vitess matzemaachen.

No der Presentatioun vun dësem Text d'lescht Woch sinn ech direkt gefrot ginn, fir an de Mikro ze soen, wéi mer als CSV géifen zu dësem Text stoen an ob eis dann elo déi Verschäerfungen op der Basis vun der epidemiologescher Situatioun géifen duergoen.

Ech hu gesot: Mee wat fir eng Verschäerfung kommen dann elo? Vu wat schwätzt Der? Well ech gesinn an dësem Text am Fong keng Verschäerfungen, mee eng Adaptatioun, déi am Fong eng Vereinfachung op där enger Säit ass an awer och an eisen Aen eng Opweechung vu Moosnamen, déi mer virun zwou oder dräi Woche geholl hunn.

De Conseil d'État d'ailleurs a sengem Avis wonnert sech och, well e seet, dass ee sech logescherweis erwaart hätt, well d'Explosioun vun den Infektiounen esou wär, wéi se eeben ass, dass elo géif e Renforcement vu Moosnamen kommen, mee et géif een an dësem Text haaptsächlech en Allègement feststellen. An e freet a sech kloer an d'äitlech: Wat ass dann d'Logik vum Text par rapport zu der realer Situatioun?

Fir domat unzefänken, wëll ech soen, dass d'CSV kee Problem huet mam Prinzip vun deene Moosnamen, déi hei drastinn. Mee mir stellen eis awer eng ganz Rei Froen: éischters, iwwer Detailer vu jiddwerenger vun dese Moosnamen, zweetens, iwwert d'Aart a Weis, wéi hei politesch Decisiounen geholl ginn, an drëtters, iwwer d'Gesamtkonzept vun der Politik vun der Regierung, déi se hei mécht. Well elo ass et fir d'drëtt innerhalb vun engem Mount, wou en neit Gesetz kënnt a wou d'Reegelen erëm eng Kéier änneren.

An d'Fro, déi mir eis stellen, ass: Wéi sollen d'Leit dann nach dobausse wëssen, wou mer dru sinn, wellech Reegelen just haut an da muer applikabel sinn, wellech Obligatiounen, och wa se sech wëlle conforméieren, se dann elo schlussendlech müssen anhalen. Ech hunn dat schonn d'lescht Kéier gesot. Do krut ech vun der Ministesch geäntwert, dass d'Leit an hirem Entourage ganz genau wësst, wat se misst maachen. Dat mag jo vläicht sinn. Mee bei deene Leit, mat deenen ech schwätzen an déi ech am dagdeeglechen esou gesinn, déi net no bei der Politik sinn, déi net no beim Gesondheetsberäich sinn, do muss ech awer soen, dass momentan eng ganz grouss Veronsécherung iwwert déi stänneg changéierend Detailer do ass. An och mat guddem Wëllen, wann ee sech wëll conforméieren, ass dat net ëmmer méiglech, well een net suivéiert, wat dann elo déi juristesche Realitéit ass.



An dat zesumme mat schlechten Informationscampagnë mécht heiansdo, datt et um Terrain schwiegeg ass. Dat kreéiert an eisen Aen - an dat spiere mer och dobaussen - Onsécherheet, Onzefriddenheet a schlussendlech - an dat ass e Problem - Indifferenz par rapport zu Moosnamen, déi d'Politik proposéiert respektiv obligéiert anzehalen.

Zum éischte Punkt, deen am Gesetz steet: Selbstverständlech si mer der Meenung, datt d'Period vun der Validitéit vun engem Impfcertificat iwwerall an Europa soll déi selwecht sinn, datt se och soll an d'Gesetz ageschriwwen ginn an datt se och zäitgerecht fir den 1. Februar soll a Kraaft trieden. Mir sinn och der Meenung, datt déi Durée illimitée fir de Booster an dësem Moment och ok ass, well eeben europawäit nach keng aner Limitt do ass.

Mee d'Madam Minister sot, et wär net méiglech gewiescht, dat an dat lescht Gesetz vum 24. Dezember ze schreiwen. Ech wëll just soen, datt déi Decisioun awer vun der Kommissioun den 21. Dezember geholl ginn ass an datt den 22. Dezember den Dépôt vum Gesetz hei gemaach ginn ass. Dat lescht Gesetz ass den 22. Dezember deposéiert ginn. An an eisen Aen wär et duergesat méiglech gewiescht, well een déi Decisioun scho virdrun hat a well een am Prinzip déi Decisioun och scho laang virdru kannt huet. Déi ass jo net vun engem Dag op deen anere geholl ginn. Déi ass scho laang virbereet ginn. Mir hunn hei an der Diskussioun och schonn an der Chamber an a Question-parlementaire konstant déi Fro gestallt an op d'Wichtigkeet higewisen.

An eisen Aen hätt déi hei Modifikatioun scho beim leschte Gesetz kënne gemaach ginn. Well ech soen Iech, wann ee vun der Chamber verlaangt, datt komplizéiert Texter an zwee Deeg hei duergעהoll ginn, gestëmmt ginn, da soen ech, da kann een och an engem oder an zwee Deeg ee Saz an e Gesetz dobäisetzen, fir d'Gesetz komplett ze maachen an op deem Datum richteg ze maachen. Dat ass op jidde Fall meng ganz fest Iwwerzeegung.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Claude Wiseler (CSV) |** A wann dat dann als haaptsächleche Grond geholl gëtt, datt mer elo haut mussen en neien Text maachen, da fillen ech mech a vill Leit och e weénege op den Aarm geholl.

Zweete Punkt: Mir hunn d'leschte Kéier den 2G+ agefouert, mat groussen Aussoen zu méi Sécherheet, well deejéinegen, dee geimpft ass, nach kann infizéiert ginn an och nach kann anere Leit de Virus weiderginn. Mir waren och als Partei, als CSV domat d'accord. Déi Zäit ass gesot ginn, datt et just fir déi Geboostert géif eng Ausnam ginn, datt déi de Plus, dat heescht supplementär testen, net bräichten ze maachen.

Ech hunn de 24. Dezember hei op dëser Chambertribün gesot, datt ech géif hoffen, datt déi Decisioun, fir déi Geboostert eng Ausnam do ze maachen, net just als Zilsetzung hätt, Drock op déi Netgeimpften oder Netgeboostert auszuüben, mee dass se och e medezinnesche Grond hätt, net just en Drockmëttel, mee och e medezinneschen Hannergrond.

Haut si mer esou am Text, datt, wa mer dee kucken, den 2G+ fir eis nach eng supplementär Sécherheet ass. Mee elo maache mer d'Ausnamen nach méi grouss op. Jiddwereen, dee manner wéi sechs Méint geimpft ass, brauch sech elo och net méi testen ze looschen, an dat mat der Begrënnung, datt d'Gläichberechtigung mat de Geboosterte muss kommen an och datt eng Rei Diskussiounen zu Bréissel schonn doriwwer gefouert goufen. Ech mag dat gleewen, mee ech muss soen, datt ech déi Diskussiounen net novollzéie kann. Ech hu se nach net gesinn, ech hunn

och keng Etüd doriwwer gesinn, well déi dann nach iergendzwoousch wäert kommen. D'Resultat, wat mer elo hunn, dat ass, datt de Plus, dat heescht d'Obligatioun, fir sech ze testen, just nach fir déi Leit do ass, déi viru méi wéi sechs Méint a manner wéi néng Méint geimpft gi sinn. Dat heescht, just bei deenen dräi Méint gëtt den 2G+, dee méi Sécherheet soll bréngen, nach momentan duergעהouert.

Op där anerer Säit gesi mer awer, datt elo no dräi Méint scho ka geboostert ginn, well da gesot gëtt, datt d'Effikassitéit no dräi Méint schonn noléisst a si sech da kënne boostere looschen. Dat fannen ech jo och richteg, mee ech muss awer trotzdem soen: Ech fannen et kontradiktöresch, datt mer op där enger Säit den Delai op dräi Méint erofsetzen, wou ee scho ka geboostert ginn, well dat Sënn mécht, an op där anerer Säit dann d'Leit entbanne während 6 Méint, fir nach en zousätzlechen Test ze maachen, dee méi Sécherheet géif bréngen. D'selwecht gesäit dat de Conseil d'État, deen och op déi Kontradiktioun an der Politik vun der Regierung hiweist.

An ech soen Iech kloer: Firwat net just soen, datt am Fong déi Moosnam hei agefouert gëtt, an dat géif ech och ganz gutt verstoen, well awer eng ganz Rei Ëmsetzungsschwieregkeeten um Terrain do waren, fir a sech deen Test, deen 2G+ an der Realitéit duergesetzen? Ech hunn d'Impressioun, datt dat éischter de Grond war, firwat mer dat hei ëmsetzen, wéi en anere Grond.

Ech soe kloer: Mir zweifelen un där doter Moosnam, well mir der Meenung sinn, datt mer méi Impfe brauchen, datt mer méi Tester brauchen an datt mer der net manner brauchen.

Mee op jidde Fall, soen ech och nach, wär déi do Moosnam, wann ee se da wëllt, och scho viru 14 Deeg machbar gewiescht. Elo den 2G+ esou anzeféieren, bedeit, datt dat, wat mer um 24. Dezember gestëmmt hunn, dat muss ee feststellen, datt dat nëmme fir zéng Deeg en fin de compte gültig war, just fir zéng Deeg eng Moosnam. Elo ass d'Moosnam schonn erëm anescht. Just déi zéng Deeg, déi awer fir eng Rei Commerçanten och an hire Betriber net onwichtig gewiescht wieren. An elo maache mer schonn erëm e Changement. Mat wellechen Argumenter? Éischtens kréien d'Leit et net novollzunn an zweetens verstie se och déi Politik vun der Regierung, esou wéi se elo gemaach gëtt, net.

Drëtte Punkt, dat ass dee vun de Selbsttester, déi kënnen net méi à distance zertifizéiert ginn. Dat ass fir eis eng absolut Evidenz. Mee ech soen och do, datt d'Oppositioun hei an der Persoun vum Här Clement dat schonn d'leschte Kéier an de Kommissiounsséizungen an an der Chamber gesot hat, datt dat e reelle Problem wär. De Problem ass opgeworf ginn, an dat hätt och schonn an dee leschten Text kënnen ageschriwwen ginn.

Dee véierten a leschte Punkt, dat ass d'Reduktioun vun de Isolementszeit. Ech mengen, wann ech d'Reaktiounen vun der Regierung richteg héieren hunn, ass dat och dee Punkt, dee fir d'Regierung bal am wichtigsten ass respektiv am wichtigsten ass, datt mer en esou schnell wéi méiglech aféieren, well et an der Realitéit, an dat, mengen ech, huet de Reporter och virdru gesot, esou ass, datt natierlech mat zéng Deeg Isolement eng ganz Rei Leit net d'Méiglechkeet hunn, fir hire Beruff auszuüben. A wann een dat op sechs Deeg reduzéiert, dann ass dat schonn och ekonomesch sënnavoll. A wann dat dann och nach wessenschaftlech ok ass, noweisbar ass, da kann ech dat, kënne mir dat och als Partei absolut novollzéien.

An dësem Punkt ass a mengen Aen de Problem éischter deen, datt am Fong no dem fënneften an dem

sechsten Dag eng Kontroll iwwer Autogestioun gemaach gëtt no zwee Schnelltester, déi jiddwereen da fir sech selwer duergעהéiert a jugéiert, ob en da kann oder net kann erausgoen.

Ech ka mech nach gutt un déi Diskussiounen heibannen erënneren, wéi mer virun engem Mount oder e puer Wochen iwwer Selbsttester, Autotester geschwat hunn an déi dee Moment ofgeschafft hunn, well mer gesot hunn, datt vun engem gewëssene Moment nëmme méi zertifizéiert Tester géifen zielen, well ze vill Fraude do wär a well dat net kéint kontrolléiert ginn. An dat ass an den eegenen Aussoe vun der Regierung a vun de Majoritéitspartei kloer an däitlech zum Ausdrock bruecht ginn. Dat hu mer virun e puer Woche gesot. Do hu mer gesot, d'Kontroll ass eng Mussaach, d'Vetraue géif eis net duergoen, fir an e Restaurant ze goen, a jiddweree misst do e PCR oder en zertifizéierten Antigentest hunn.

Elo kréie mer dann erzielt, datt zwar net, fir an de Restaurant ze goen, mee fir aus der Isolatioun, nodeem dat een infizéiert war, erauszekommen, en Autotest no fënnef an no sechs Deeg duergee. A mir kréie gesot, mir missten elo awer dann erëm Vertrauen hu bei där heiter Moosnam, wou gesot ginn ass, bei där anerer Moosnam wär dat awer net ubruecht gewiescht.

Ech weess schonn, datt, wann ech elo soen, datt ech Zweifel un deem Vertrauen umellen, et dann einfach ass ze soen: Majo d'CSV oder den Här Wiseler huet kee Vertrauen an d'Leit dobaussen. Dat ass jo dann esou eng rhetoresch Formel, fir doriwwer ewechzekommen.

Mee ech wëll just soen: Wann ee virun engem Mount dat eent seet an et seet een elo an der Argumentatioun genau de Contraire, dann huet een natierlech eng Kontradiktioun an dann huet een natierlech eng ganz Rei Kredibilitäitsproblemer. An dat ass och genau dat, wat de Conseil d'État a sengem Avis schreift. An de Conseil d'État geet och nach op eng aner Kontradiktioun an. Dat ass zum Beispill déi, datt hei an deem selwechten Text steet, datt mer elo kee Selbsttest iwwer Distanz méi kënnen zertifizéieren, mee op där anerer Säit akzeptéiere mer awer alleguer déi Selbsttester, déi net zertifizéiert ginn an déi jiddweree fir sech selwer dann duergעהéiert, wann e wëllt aus dem Isolement erauskommen.

An de Conseil d'État concluéiert, andeem e seet, datt en « du mal » huet « à concevoir la logique » vun der Regierung. A genau an deem selwechte Fall si mir och: De Conseil d'État versteet et net, mir verstinn et net an d'Leit verstinn et och net!

Wësst Der, d'Saache wieren heiansdo vill méi einfach a méi akzeptabel, wa se esou géife gesot ginn, wéi se am Fong och sinn. Mat deenen Zuelen, déi mer kennen, bréngt d'Regierung, mengen ech, et haut net fäerdeg, déi PCR-Tester an déi zertifizéiert Tester an deem Rhythmus, an där Schnelligkeet, an där Quantitéit ze maachen, wéi et am Fong misst sinn, wann dat alles um Terrain ofgewéckelt misst ginn. Dofir mengen ech, huet ee warscheinlech keen anere Choix, wéi op déi Autotester ze goen. Mee et huet ee keng Kontrollméiglechkeet a keng Sanktionsméiglechkeet.

Mee ech soen op jidde Fall: Mat deem Changement, deen hei agefouert gëtt, war et eng falsch Decisioun, déi d'leschte Kéier geholl ginn ass. Dir kënnt Iech erënneren, mir hunn an enger Motioun heibanne gratis Selbsttester fir d'Leit gefrot. Do ass de Staatsminister higaangen an huet gesot: „Mee dat huet dach guer kee Sënn, wat Der frot. Déi Selbsttester, déi mer elo hunn, vun deene mer 7,5 Milliounen Exemplaire kauft hunn, déi hu mer all de Betriber ginn, déi



hu mer reservéiert fir Betriber, well et ass do, wou Selbsttester gebraucht ginn, an net bei de Leit.“

14 Deeg méi spët féiere mer dann elo erëm d'Selbsttester, wann ee wëllt aus der Isolation kommen, bei de Leit an an elo gi se erëm do gebraucht. Also ech muss soen, dat Hin an Hier an der Politik ass schwéier novollzéibar an ass och extreem schwierig, an d'Realitéit ëmzesetzen.

An eisen Aen ass et esou, datt d'Teste vu private Leit bei sech doheem muss bei jiddwerengem eng Normalitéit ginn, datt et muss gradesou automatesch gi wéi d'Zännwäsche moies. Et ass esou, wéi d'Tester sollen duerchgefëiert ginn. An dofir, mengen ech, soll een, muss een de Leit der och zur Verfügung stellen, dofir muss se der och kréien.

Dat selwecht war d'ailleurs jo och de Fall bei der Diskussioun, déi mer haten iwwert déi ganz Fro vum Tracing. Dat heescht, ech hunn och d'Impressioun, datt d'Regierung momentan net nëmme Schwierigkeeten huet, fir genügend Tester un de Mann ze kréie respektiv genügend Tester maachen ze loosenen, mee datt mer och ganz vill Schwierigkeeten hunn, fir den Tracing esou ze maachen, datt en nach effektiv ass - wat jo och net verwonnerlech ass bei 2.000 Infektiounen respektiv dann esou vill Appel-téléphoniquen duerno, déi ee muss maachen -, souwuel fir d'Leit ze informéieren no engem PCR-Test wéi och fir den Tracing ze maachen, dee momentan schwierig ass.

Ech fannen et och verständlech, mee ech géif et dann och normal fannen, datt d'Regierung déi Explikatiounen esou de Leit weidergëtt, anstatt eis eng Story ze zielen iwwer Vertrauen an Änlechens.

D'Madamm Ministesch huet eis d'leschte Kéier reprochéiert a gesot, si wär traureg, datt d'Opposition géif esou verschidde Saachen ugräifen, haaptsächlech traureg fir déi Fonctionnaires, déi hir Aarbecht gutt géife maachen an déi a Fro gestallt wäeren, a si géif sech viru se stellen. Dat klénkt jo och ganz dramatesch an och ganz schéin. Mee ech soen Iech hei ganz kloer: Mir gräifen hei weeder Fonctionnaires un nach Employéen. Mir wëssen, datt déi vill schaffen an datt se och e ganz grouss Engagement hunn. Mir wëssen, wat méiglech ass, a mir wëssen och, wat net méiglech ass.

An ech soe just ganz kloer: Hei ass et eng politesch Responsabilitéit an hei ass et an der Kommunikatioun an an der Explikatioun vun deene Moossnamen, déi ee mécht, eng politesch Decisioun, wéi een eppes explizéiert, wéi een un d'Leit erugeet. A wann een déi Explikatiounen géif richteg maachen, da géif ee warscheinlech besser verstane ginn an d'Saachen och besser akzeptéiert ginn!

An ech denken och, datt ee keng gesetzlech Obligatiounen schafe sollt, wann ee se, éischters, net applizéiert, zweetens, net kontrolléiert an op där anerer Säit och net sanktionéiert kritt, wann et da muss sinn.

Dat selwecht gëllt d'ailleurs fir déi Notifikatiounen vun der Privatleit, déi déi mussen maachen, wann Evenementer do sinn, wou se zu iwwer zéng Leit doheem sinn. D'Madamm Minister huet eis d'leschte Kéier gesot, dat ass scho 14 Deeg hier, datt se 25.000 esou Notifikatiounen, dont 22.500 vu Privatleit hätt. Ech ginn dovunner aus, datt dat der elo vill méi sinn. Mee elo ass awer just meng Fro: Wat ass dann domat gemaach ginn, mat deenen 30.000, 40.000 Notifikatiounen? Wellech Suiten hunn déi Notifikatiounen kritt? Wellech Utilitéit haten déi Notifikatiounen? Oder ass et just e Fichier, wou d'Leit sech agedroen hunn, wou se sech mussen aschreiwen a wou et egal ass, ob een et mécht oder net, well souwiso nachts duerno geschitt?

Independent vun deenen Argumenter, vun deenen Ajustementen, déi elo gemaach gi sinn, soe mir als CSV, datt mer net kënnen esou weiderfueren. Dat ass fir eis ganz kloer. Mir kënnen net all puer Méint op en Neits eis Gesellschaft agrenzen, aspären, Restaurante méi fréi zoumaachen, Kultur a Sport erofschrauwen a Schoulen a Schüler schwierig Konditiounen imposéieren. Mir kënnen de Leit dat net éiweg opdrängen, well et mental, well et psychologisch a well et och ekonomesch Konsequenzen huet.

Mir hu gesinn, datt all déi Preventivmoossnamen eis eleng net zum Zil gefouert hunn. An dofir hu mer eis als CSV kloer fir eng allgemeng Impfflicht fir Erwuesener ausgeschwat. Dat ass an eisen Ae juristesche méiglech an dat ass an eisen Aen och eethesch absolut vertrietbar. An dorops kommen mer jo nach an deenen nächsten Deeg a Woche sécherlech zrëck.

Mir sinn der Meenung, datt mer keng Zäit sollte verléieren. Dat hu mer schonn hei op deser Plaz beim leschte Covidgesetz esou gesot, well mer wëssen, datt eng Impfflicht nëmme ka mat engem Delai agefouert ginn, deen de Leit et erlaabt, sech impfen ze loosenen. Dofir soll d'Decisioun an eisen Aen esou schnell wéi méiglech geholl ginn, déi praktesch Modalitéiten ausgeschafft an en Text direkt virbereet an och zum Stëmme virgeluecht ginn. De Kampf géint de Virus ass eng Course géint d'Zäit. Mir sinn der Meenung, datt mer keng Zäit sollte verléieren.

Mir wëssen och, datt dat kontestéiert gëtt. Mir wëssen och, datt den Däiwele am Detail läit. Mee mir sinn der Meenung, datt mer net dolaanscht kommen, an dofir hätte mer gär, datt d'Regierung esou zäitno wéi méiglech eng Decisioun hëlt.

Mir sinn elo da virun engem Wee, deen d'Regierung ageschloen huet, wou mer elo en Expertegrupp astellen, fir eis op eng Rei Froen ze äntweren. Dat ass jo alles schéin a gutt. Mee ech soen och: Dat hu mer scho viru 14 Deeg, dräi Woche gefrot.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Elo gëtt dat emol agesat, elo kucke mer, wéini den Expertegrupp sech dann eens gëtt. Dann hannendrun: Ech wär och frou gewiescht, wann d'Chamberskommissioun hätt kënnen, wann da schonn en Expertegrupp agesat gëtt - wat fir eis ok ass -, wa mer do och hätte kënnen eis Froen deem Expertegrupp da weiderginn.

*(Interruptions)*

Mir kënnen gär Polemik hei maachen. Ech maachen déi och schrecklech gär mat Iech. Dir sidd jo op där richteger Plaz, fir se ze maachen. Da fänke mer dat mat Pleséier un.

*(Interruption)*

Ech fannen, datt mer kënnen, och wann en Expertegrupp do ass, duerchaus als Santéskommissioun eng Rei Froen stellen, well ech si sécher, datt mer der och hunn.

Elo gëtt eis da gesot, mir sollen eng grouss parlamentaresch Debatt maachen, an et ass eis versprochen ginn, mir géifen elo eng Rei Texter an eng Rei Froen vun der Regierung kréien. Dat ass eis fir leschte Freideg versprochen ginn oder fir gëschter versprochen ginn. Ech stelle fest, datt mer nach ëmmer keng hunn. Et gëtt mir elo gesot, dat géif da vläicht en Donneschdeg kommen. Ech hoffen, datt et kënnt. Mee et ass alt erëm eng Woch an där wichteger Course géint d'Zäit fort.

Mir hätten och gär deen Text, dee virun dräi, véier Wochen ugekënnegt ginn ass, deen d'Madamm Tanson da soll ausschaffen. Et wär natierlech wichteg, datt, wa mer esou eng Diskussioun organiséieren,

mer deen Text dann hätten. Mir hätten och gär den déi Vergläicher mam Ausland, déi eis versprochen gi sinn, fir ze kucken, wa mer déi Diskussioun da solle féieren, datt mer se och kënnen op deene Basisse féieren. Mir hätten och gär déi juristesche Analysen, déi eis versprochen gi sinn. Och do ass momentan nach näischt do. An ech soe just: D'Zäit leeft fort! An all Dag, wou mer net weiderkommen, ass sécherlech e Problem.

An dann hunn ech och nach iergendzwoesch gelies, datt d'Regierung seet, datt déi gemeinsam Propositionen, déi dann hei aus där Debatt géifen erauskommen, dann nach dem Eethiksrot géifen ënnerbreet ginn. Och domat sinn ech d'accord. Mee och dat hëlt erëm enorm Zäit ewech.

An ech hunn d'Impressioun en fin de compte, nodeem datt ech alles dat do nogelauschert hunn, datt hei op Zäit gespillt gëtt, datt hei probéiert gëtt, verschidde Saachen op d'laang Bänk ze schiben. An ech hunn d'Impressioun, datt d'Regierung hei net ënner sech zu enger Eenegung komm ass an datt dofir elo eng Decisioun an Detailsdiskussiounen hei opgewigelt gëtt, wou dann den haaptsächleche Sujet - ob Jo oder Nee - ersoff gëtt.

Firwat dese Wee? Eis Meenung ass, d'Regierung soll eng Proposition virleeën, an dann diskutéiere mer iwwert déi Proposition. D'ailleurs huet de Premier dat esou a sengem Neijorschinterview ganz kloer an däitlech gesot an huet gesot, datt mer Mëtt Januar - dat ass elo! - missten eng Decisioun huelen. Dat ass elo, net a 14 Deeg, net an dräi Wochen, net an engem Mount!

*(Interruption)*

D'Konklusioun zu deem Ganzen ass: Mir brauchen eng Politik mat enger klarer Richtung. Mir brauche kloer Decisiounen. An eisen Ae mécht dës Regierung haut just nach eng Navigation à vue: e bëssen hei an e bëssen do un enger Schrauf dréinen an dann hoffen, datt den Auto net aus der Kéier flitt!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Wat d'Regierung hei mécht, versteet de Conseil d'État net, verstü mir net a verstinn d'Leit och net méi dobaussen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Wéi de leschten Text sinn et hei just onpreparéiert an iwwerstierzt agefouerte Moossnamen, en absoluten Zickzackkurs vun der Regierung mat och nach enger schlechter Kommunikatioun. Fir eis ass et eng inakzeptabel Aarbecht, an dofir wäerte mer dergéint stëmmen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Wiseler. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum (DP)** | Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleginnen a Kollegen, iwwerall klammen nees d'Infektiounsziel. Op Dräikinnexdag waren et iwwer 24.000 Infektiounen an Holland, 27.000 an der Belsch, 64.000 an Däitschland an iwwer 330.000 a Frankräich. An och hei am Land schreiw mer leider am Moment Rekordwäerter.

An der leschter Dezemberwoch bis den 2. Januar gouf et 5.641 Neinfektiounen an iwwert de Weekend, ech mengen, Dir hutt dat verfollegt, do hate mer iwwer 3.800 Neinfektiounen a leider och aacht Doudesfäll. Wéi vill Impakt d'Omikronvariant hat oder huet, ass leider am Moment nach net ganz kloer. Mee eppes ass sécher: Déi nei Variant wäert op alle Fall net zu enger Verbesserung bei den Infektiounen bäidroen.



Zum Gléck si bis elo awer d'Hospitalisatiounen nach net esou an d'Luucht geschoss, wéi dat bei den Neiinfektiounen de Fall ass.

An et schéngt och esou ze sinn, wéi wann den Omikron net grad esou e schwéiere Krankheitsverlaf géif hu wéi säi Virgänger. Dat weisen emol déi éischt Studien aus Groussbritannien an och aus Südafrika. Wann dat sech sollt weider bestätegen, da wär dat eng gutt Norricht. Dat wär trotz allem an trotz där Situatioun, an där mer sinn, eng gutt Norricht.

An ech géif gär op dëser Plaz e puer Aussoen zréckginn, déi e Freiden am Kader vun der Pressekonferenz mat der Madamm Gesondheitsminister gemaach gi sinn.

Den Här Dokter Romain Schockmel, deen den Dokter vum CHEM ass, huet gesot, dass de Vaccin d'Situatioun am Verglach mat deem, wou mer am leschte Joer waren, däitlech verbessert huet, an e bleift optimistisch, och wat den Omikron ugeet.

D'Madamm Dokter Thérèse Staub aus dem CHL seet, dass e Problem deen ass, dass vill Leit och beim Personal infizéiert sinn. Et wäeren den am Moment 53, mee et wär awer eng däitlech Verbesserung par rapport zu leschem Joer, wou et der am November 120 waren. Den Här Dokter Christophe Werer aus dem CHL seet, dass nach ëmmer de Vaccin dee beschte Moyaen ass géint eng schwéier Erkrankung, an ënnersträicht, dass 80 % vun deene Leit, déi an de Soins intensifs leien am CHL, net geimpft sinn an et wäeren nach keng Patiente mam Omikron an de Soins intensifs. An den Dokter Marc Berna weist nach eng Kéier drop hin, wat fir en Impakt dass déi Pandemie an déi Aarbecht, déi geleescht ginn ass, awer nach ëmmer op d'Spidolspersonal huet. A mir sollen net vergiessen, dass se scho säit zwee Joer ënner engem extreemen Drock stinn an all Dag hiert Bescht ginn, fir d'Leit vun den Intensivstatiounen erofzekeréien a Liewen ze retten.

Des Weidere géif den Omikron méttlerweil 80 % vun den Neiinfektiounen ausmaachen an den Altersdurchschnitt vun den Infizéierte léich bei 33 Joer a bei den Hospitalisatiounen bei 56. D'Impfung wierkt géint dësen neie Variant aktuellen Erkenntnisser no nämlech manner gutt. An duerfir ass d'Boosterimpfung immens wichteg, fir den Immunschutz géint dës Variant héichzehalen an e méigleche schwéiere Krankheitsverlaf an och eng Hospitalisatioun ze vermeiden. Dat géillt virun allem fir vulnerabel Leit, déi nach ëmmer engem méi héije Risiko ausgesetzt sinn. Mee och allgemeng däre mer den Omikron net op déi llicht Schéller huelen, well mer nach ëmmer net wëssen, wat fir eng Auswirkungen dee Variant kéint op de Long-Covid hunn.

An duerfir musse mer d'Impfcampagne onbedéngt weiderdreien, virun allem bei den eelere Leit, wou mer awer musse feststellen, dass nach ëmmer 10 % vun eisen eelere Leit net geimpft sinn. An d'Impfung sinn nach ëmmer de Kinnekswee aus der Pandemie eraus, esou wéi den Dokter Schockmel dat virun e puer Deeg ausgedréckt huet. Et ass och net ouni Grond, dass d'Majoritéit vun de Patienten op der Intensivstatioun net geimpft ass.

Op de 4. Januar goufe scho ronn 1.080.000 Impfdosen hei am Land gesprézt an den Impfzentren, bei den Hausdokteren, awer och bei de Pop-up-Impfzentren an den Akafszentren a wéi elo am Januar zum Beispill an der Gare hei an der Stad. Den Undrang bei dësen Impfzentren war deelweis grouss mat laange Waardeschlaangen an ech mengen, dass dat e positiv Zeechen ass.

Här President, dës éischt Covidgesetz fir 2022 ass fir mech e weider däitlecht Bekenntnis zur Impfung.

Dat weisen déi Ännerungen, déi mer virhuelen. Engersäits leet mer fest, dass d'Validitéit vum Impfzertifikat op néng Méint festgeluecht gëtt, an dat am Accord mat allegueren den aneren EU-Memberstaaten, fir esou Deplacementer innerhalb vun der Europäescher Unioun ze vereinfachen. Dës Limit, déi déngt och als Motivatioun, sech booster ze loosse. D'Boosterimpfung ass nämlech nowieslech méi wirksam géint d'Omikronvariant an dréit domadder zu enger méi grousser Sécherheet fir déi ganz Bevëlkerung bäi.

Do dernieft schafft dës Gesetzesprojet weider Incitativ, fir sech impfen, awer och booster ze loosse. Beim 2G+ wäert de Schnelltest keng Obligatioun méi si fir Leit, déi manner wéi 180 Deeg geimpft sinn an hir Boosterimpfung kruten oder e Certificat de rétablissement kruten, deen net méi al ass wéi 180 Deeg.

E weideren Incitatif ass d'Verkierzung vum Isolement fir geimpfte Leit vun zéng op sechs Deeg. D'Voraussetzung ass, dass een de fënneften a sechsten Dag en Antigentest mécht, déi alle béid natierlech mussen negativ sinn. Ass dat net de Fall, da muss een natierlech déi zéng Deeg am Isolement bleiwen.

Dee leschten Dispositif kéint net nëmmen deene Geimpften entgéint, mee awer och de Betriber, déi riskéieren, duerch déi héich Infektiounszele vill Leit duerch den Isolement op der Schaff ze verléieren. E rezent Beispill ginn ech Iech, wat den Enseignement ugeet, wou ëmmerhin 10 % vun den Enseignanten am Fondamental am Moment net an hire Klasse sinn an am Lycée, am Secondaire sinn et 7 %.

E verkierzten Isolement wäert also en Deel dozou bäidroen, fir eis Gesellschaft och weiderhin um Lafen ze halen, an entlaascht dat Personal, wat an der Tëschenzäit asprange muss.

Kolleginnen a Kollegen, ech mengen, et ass zu dësem Moment nach ze fréi, fir wierklech ze soen, wat den Omikron brénge wäert. Sécher ass just, dass d'Impfung e weideren zousätzleche Schutz bedeet viru schwéiere Krankheeten a Laangzäitfollegen. An ech perséinlech géif ëmmer d'Impfung dem Krankheitsrisiko virzéien.

D'Impfung schützt a si ass sécher. Dat weist och de leschte Rapport vun der Lëtzeburger Pharmacovigilance. Enn November d'lescht Joer gekuckt, goufe bei 917.000 Impfdosen insgesamt 2.016 Fäll vun Niewewirkungen deklaréiert. Dat sinn 0,22 %. A vun deenen 0,22 % waren 78 % Niewewirkungen wéi Féiwer, Péng am Aarm a Middegkeet. An nëmmen am Ganzen 125 Fäll war eng Hospitalisatioun no der Impfung néideg. Dat sinn 0,013 %, dat heescht 13 Leit op 100.000, déi geimpft gi sinn.

D'Impfung ze verweigeren, well se anscheinend net sécher wär, ass a mengen Aen net haltbar. Weltwäit goufen 9,5 Milliarden Impfdose gesprézt an all Dag komme ronn 30 Milliounen dobäi. An d'Fäll mat schlëmmen Niewewirkungen stelle weltwäit en extreem, en extreem geréng Prozentsaz duer.

Risiko muss een natierlech ëmmer aschätzen. Wann een d'Infektiounszuelen, déi mer aktuell hunn, en rapport setzt mat der Lethalitätszuel, dann mengen ech, wär et mat Sécherheet méi e grouss Risiko, sech net impfen ze loosse. An duerfir ginn ech zu dësem Projet de loi den Accord vu menger Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Gilles Baum. An da wier et um honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Merci, Här President. Et ass jo haut eigentlech e schéinen Dag, well mer dräi nei Kollegen hei kënnen begréissen, déi ech dann och nach gären häerzlech wëll wëllkomm heeschen hei am Haus.

Et ass och en trauregen Dag, well e gudder Kolleg vun eiser Partei gestuerwen ass, de Mario Castegnaro, deen ech perséinlech och gutt kannt hunn, well en aus der Nopeschgemeng war. Een, dee sech och e bëssen ëm mech gekëmmert hat, wéi ech an déi Partei age-tuede sinn. E léiwe Mënsch, dee mer vill wäerte vermessen. An dofir ass et mer wichteg, och hei nach eng Kéier der Famill an all senger Frënn eist Matgefill auszudecken.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech géif awer och gären dem Mars Di Bartolomeo, eisem Rapporteur, Merci soe fir säin detailléierte Rapport. Den Text, deen elo virläit, ass schonns déi drëtt Upassung vum Covidgesetz bannent engem Mount. Ech mengen, dat wäert haut nach e puermol widderholl ginn.

Dës Upassung gouf elo haut néideg, well sech viru e puer Deeg an der Europäescher Unioun drop gëe-negt gouf, d'Validitéit vun den Impfzertifikate vun zwielef op néng Méint erofzesetzen. A well mer dofir d'Gesetz souwisou mussen elo am Januar änneren, gëtt dervu profitéiert, fir nach e puer aner Ännerungen respektiv Präzisatiounen dranzeschreiwen.

Dat alles ass awer och ëmmer d'Resultat vun neien Erkenntnisser aus der Wëssenschaft. Elo kéint ee soen: „Schonn nees eng nei Upassung? Hätt een dat net scho kënnen virdru wëssen? Wéi vill nei Covid-gesetze wäerten et nach ginn? Firwat maache mer Upassungen, amplaz direkt d'Impfpflicht anzeféieren?“

Den Debat iwwert d'Impfpflicht, dee kéint! Mee am Contraire zum Här Wiseler, dee viru mer geschwat huet, si mir der Meinung, dass ee sech soll Zäit huele fir déi komplex Diskussioun, dass et net duergeet, herno ee Saz an e Gesetz ze schreiwen an ze soen: „Ab dann an da gëllt hei zu Lëtzebuerg eng Impfpflicht!“ Do si ganz vill komplex a wichteg Froen, déi dorunner geknäppt sinn. An ech fannen, mir sollten eis hei als Parlament déi néideg Zäit huelen, fir eis Aarbecht do gewëssenhaft a korrekt ze maachen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Mee d'Impfpflicht, wa se da sollt decidéiert ginn, déi léist net déi Problemer, déi mer haut hunn - déi vun den héijen Infektiounszuelen. Déi Changementer, déi mer haut ofstëmmen, si geduecht, fir op d'Situatioun vun haut ze reagéieren. A mir mussen all déi Mesuren, déi mer zu iergendengem Moment decidéiert hunn, och ëmmer erëm op de Leescht huelen an, falls néideg, iwwerschaffen.

D'Coronastrategie muss sech eeben de Mutatiounen vum Virus upassen. An dat maache mer, och wann et engem net ëmmer einfach fält, dat no bausen hin einfach a kohärent ze erklären. Iwwregens si mer do net eleng an där Zwéckmillchen, mee ech géif soen, all d'europäesch Länner sinn am selwechte Fall - oder bal.

Et ass awer richteg, Adaptatiounen virzehuelen, soubal nei Erkenntnisser do sinn. Dës prioritär am Sënn vun Schutz vun der Gesondheet vu jiddwer Eenzelne, ouni awer de Bléck ze verléieren zum Beispill op d'Wirtschaft oder nach op déi ëffentlech Déngschtleeschungen. De Prinzip vun der Proportionalitéit gëllt haut méi wéi jee. Mir wëlle jo à tout prix verhënnern, fir nees eng Kéier an eng Situatioun ze gero-den, wou mer e strikte Lockdown missten decidéieren.



Dofir gëllt et, reegelméisseg eis Mesuren unzepassen an eis Legislatioun ze adaptéieren. Mir riichten eis no deem, wat d'Wëssenschaft eis vun neien Erkenntnisser gëtt, no der Situatioun an de Kliniken an am Allgemengen no der Situatioun an deene verschiddene Secteuren.

Déi nei Situatioun ass bedéngt duerch d'Opkomme vun der neier Variant, dem Omikron. Deen éischte Fall gouf zu Lëtzebuerg op Niklosdag festgestallt an haut, ee Mount méi spéit, huet den Omikron d'Delta-Variant scho quasi ersat.

Zanterhier hu mer awer den 3G op der Aarbecht agefouert, dee jo bekanntlech de 15. Januar a Kraaft trëtt, d'Fermeture um 23.00 Auer vun de Restauranten a Caféen a mir hunn den 2G+ agefouert, fir nëmmen e puer Moosnamen ze nennen.

Wat wësse mer haut iwwert den Omikron?

Éischstens, den Omikron ass déi Variant, déi am Ablack am heefegsten zu Lëtzebuerg zirkuléiert.

Zweetens, den Omikron iwwerdréit sech méi séier wéi all seng Virgänger.

Drëttens, den Omikron bréngt an deene meeschte Fäll en e bësse manner schlëmme Verlaf, wéi dat nach beim Delta de Fall war. Do ass de Risiko, fir op d'Intensivstatioun ze kommen, 0,8 % gewiescht beim Delta. Vun 1.000 Leit, déi sech infizéiert hunn, sinn der also 8 op der Intensivstatioun behandelt ginn. Beim Omikron ass de Risiko ëm d'Hallschent reduzéiert. An awer sinn dat der nach ëmmer 4 vun 1.000.

Véiertens, véiert Erkenntnis: Eng Persoun, déi den Omikron huet, ass net esou laang ustiechend, wéi dat bei deene viregte Varianten de Fall war.

Villes wësse mer awer nach net! An dat ass eigentlech dee ganzen Dilemma, an deem mer zënter bal zwee Joer stichen. D'Evolutioun vun der Pandemie a vun de Parametere ronderëm ass esou rasant, do hu mir Krämpes nozekommen. An et ass och keng Schan, fir dat hei zouzeginn.

D'Politik insgesamt, an domadder mengen ech souwuel d'Majoritéit wéi d'Oppositioun, deet sech schwéier, fir ganz séier ze reagéieren, ëmmer erëm op en Neits. Dat, wat geschter wouer war, ass et muer net méi onbedéngt. Mir hätten alleguerten gäre méi Zäit, fir a Rou ofzeweien, den Dergint an den Dergéint ze diskutéieren. Awer de Virus, dee léisst eis leider net déi Zäit!

D'Resultat ass, dass eis Reegelen, eis Virschrëften an eis Gesetzter ëmmer méi komplizéiert ginn. „Wie weess dann nach mat Bestëmmtheet, wat fir Virschrëften haut gëllen?“, soen der vill. Ech gi gären zou, dass och ech dacks muss nokucken, wat mer grad a Kraaft hunn a wat net. An dobäi muss ech, wéi mir alleguerten heibannen, mech stänneg mat deene Saachen ausenansetzen. An et versteet een deemno och ganz gutt, dass d'Bierger do séier den Iwwerbléck verléieren.

Dat mécht et natierlech der Oppositioun einfach fir ze soen, et wär en Duerjerneen, et wär kee Plang do an esou weider. Mee wéi gesot: Et ass net d'Politik eleng, mee et ass och de Virus, deen decidéiert, wuer et hiegt. A leider ass en esou séier, dass mir stänneg an ëmmer erëm mussen reagéieren. Kengem fällt et liicht, hei all zwou oder dräi Wochen nei Gesetzter ze stëmmen. Kengem! Mee leider muss et sinn.

An et kann een elo scho behaapten, dass an den nächsten Deeg a Wochen op en Neits wäert mussen nobessert ginn. An da maache mir dat! Well mer Verantwortung droen - alleguer! - a well et leider muss geschéien.

D'Situatioun an eise Spideeler ass den Ament nach stabel. Mir hunn haut manner Leit mat Covid am Spidol wéi nach den 1. Dezember. Mee dat dierf awer net driwwer ewechtäuschen, dass zanter deem 1. Dezember 54 Doudesfäll gemellt goufen. 54! De Virus ass also nach ëmmer déidlech a mir mussen eis virun him schützen.

Am leschte Wochebilan vun der Santé steet, datt 47 Covidpatienten an de Soins normaux hospitaliséiert sinn. 22 dovunner waren net geimpft. Mir ginn dann och nach gewuer, datt vun den 20 Covidpatienten, déi jo op der Intensivstatioun louchen, der 14 net geimpft waren. Dat sinn Zuelen, déi eigentlech eng kloer Sprooch schwätzen. Jo, impfe wierkt - wann och vläicht net esou laang, wéi mer eis dat am Ufank erhofft haten.

Well et déi éischte Kéier ass, dass ech hei zum Covidgesetz schwätzen, erlaabt mer wannechgelift, dass och ech nach eemol en Appell maachen un d'Leit, sech impfen ze loosson. Dass d'Impfungen wierken, dorunner besteet keen Zweifel méi. Dass d'Impfungen keng bis kaum Niewewirkungen hunn, och net. Dass d'Impfen net wéideet, ass och gewosst. Alles dat ass gewosst! An nawell - an dat ass jo bal net ze verstoen - gleewen eenzel Leit léiwer iergendeppes, wat iergendeen iergendwou an de soziale Medie behaapt. An da froen ech mech: Zënter wéini ass et besser, op eppes ze vertrauen, wat iergendeen iergendwou op Facebook schreift, wéi zum Beispill sengem Dokter nozelauschten?!

Mäi Message un déi, déi nach net geimpft sinn, ass awer kee Message, dee verurteelt. Mäi Message soll ee sinn, deen encouragéiert: D'Impfung ass e Kaddo vun der Wëssenschaft!

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Et ass an deem Sënn eppes Schéines, well een et net just fir sech eleng mécht, mee och fir all déi, déi ronderëm ee sinn! Et ass schéin, en Deel vun der Gesellschaft ze sinn a Säint dozou bäizedroen, dass mer alleguer zesummen do derduerch kommen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Keen heibanne wëllt eis Gesellschaft splécken. Kee wëllt iergendeen ausgrenzen. Duerfir mäin Appell: Kapselt Iech net selwer of! Maacht mat bei deem kollektiven Effort!

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Nëmmen zesumme packe mer dat!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | An hei kritt der Santé hire Sproch seng ganz Bedeitung: „Mir sinn all en Deel vun der Léisung.“

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Mir sinn all - mir sinn all! - en Deel vun der Léisung. An dat hei sief och nach eemol gesot: Et verléiert kee säi Gesiicht, wann e seng Meenung par rapport zur Impfung ännert. Keen! Am Contraire: Et gewënnt een eppes, nämlech de Respekt an d'Unerkennung vun all deenen aneren, vun där Gesellschaft, an där mir alleguerten zesumme liewen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi de Rapportier virdrun am Detail erkläert huet, adaptéiere mer d'Covidgesetz op dräi Punkten. Éischstens: Et kënnt zu enger Modifikatioun vum 2G+-Regimm. Iwwregens huet déi däitsch Regierung leschte Freiden decidéiert, op quasi dee selwechte Wee ze goen. Sou falsch kann dat also net sinn.

Déi zweet Adaptatioun ass déi vum europäeschen Impfpass, deen elo néng Méint gültig soll sinn, wat jo eigentlech och den Ausléiser vun deem Gesetz war. An et ass wichteg, dass Europa sech des kloer Reegel gëtt. Iwwerhaupt vermësse mer europäesch Koordinatioun an der Pandemie. Doriwwer, mengen ech, misste mer och eng Kéier schwätzen, wann dee ganze Misär hei eriwuer ass.

Déi drëtt Adaptatioun vum Covidgesetz ass déi vum Délai d'isolement, also wéi laang ee sech muss isoléieren, wann eng geimpfte Persoun positiv getest ginn ass.

Hei mussen mer elo op Autoschnelltester zrëckgräifen - an do mussen mer leider soen -, well eis einfach d'Capacitéite vun de PCR-Tester feelen. Dat gehéiert dozou. Wann esou vill Leit an der Isolatioun sinn, huet dat selbstverständlech och grav Konsequenzen op d'Ekonomie an op d'Servicer. Mir mieren dat ënner anerem am Gesondheetssystem, mee awer och, am Enseignement. An de Schoulen an an de Lycéien ass de Personalmangel haut däitlech ze spieren.

Ech hat desער Deeg d'Geleeënheet, och mat engem Patron ze schwätze vun engem klengen Betrib mat enger Dose Mataarbechter - fir Iech eng Gréisstenueerdung ze ginn. A vun deem Gespréich hunn ech zrëckbehalen, dass e mer eigentlech eng kloer Existenzangst matgedeelt huet. Seng Froe waren: Wat maachen ech, wann d'Hallschent vu menge Leit muss doheim bleiwen? Wéi kann ech dann nach fir meng Clienté schaffen? Wéi kann ech dann nach eppes verdéngen a meng eege Rechnungen bezuelen?

Duerfir ass et esou wichteg, d'Zäite vum Isolement op dat ze reduzéieren, wat medezinnesch noutwendeg ass, net méi an och net manner. Donieft géif ech der Regierung och un d'Häerz leeën, d'Coronahëllefe fir d'Betriben am Bléck ze halen, wa sech d'Situatioun sollt verschlechteren.

Mir waren am Lockdown an och um Wee eraus ganz generéis hei am Land. Kommt, mer halen elo nach en An drop, dass mer net am Nozoch awer nach Betriben verléieren, déi mer onbedéngt stëtze wollten.

Här President, mir mussen eis stänneg nei erfannen an eis den neitsten Entwécklungen upassen. Datt mer dat bis elo gutt gemaach hunn, dat gesäit net nëmmen d'LSAP esou. An hirem Rapport iwwert d'Gesondheetssystemer krut Lëtzebuerg vun der OECD eng gutt Nott a puncto Coronamanagement, och wann dat vläicht heibannen net jiddwerengem gefält. Dem Rapport no ass déi éischte Phas vun der Pandemie am Land gutt bewältigt ginn. De Gesondheetssystem am Grand-Duché war preparéiert, fir op d'Urgence vun enger Pandemie reagéieren ze kënnen, och - an dat géif ech awer gär dozou soen - wa mer an de leschte Méint vill bäigeléiert hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Wichteg war awer och, dass déi néideg Ressourcë wéi Personal a Material konnte séier mobiliséiert ginn. De Rapport vun der EU-Kommissioun an der OECD confirméiert, wat d'Regierung och dacks betount huet: A Saachen Depistage vu Covid-Fäll war Lëtzebuerg d'Nummer 1 an der Europäescher Unioun. Et ass esou vill getest gi wéi soss néierens.

Hei géif ech awer gären eng Klamer opmaachen. Mir hu viru Kuerzem eis Restauranten a Cafée mat Schnelltester versuergt. A mir wëssen, dass den Ament de Marché vun de Schnelltester an alle Länner ofgegraast gëtt. D'Regierung beméit sech, fir der esou vill unzeschafe wéi nëmme méiglech. A falls mer der derof genuch kréien, géife mir et als LSAP



begrüßten, wann d'Bierger méi reegelméisseg esou Schnelltester zur Verfügung gestallt kréien, am beschte gratis, well dat awer eng Belaaschtung fir de Portmonni ass bei eenzelne Leit.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dat Ganzt awer, soen ech och hannendrun, muss an eng Strategie agebett sinn an net einfach esou verdeelt ginn. Déi Impfwoch vum Dezember, déi kéint een huelen an eventuell, wa mer de Bilan gezunn hunn, nach eng Kéier widderhuelen. Op alle Fall si mer der Meenung, wa mer et maachen, da muss e Konzept hannendru sinn an net einfach just eng Verdeelung vu gratis Schnelltester.

D'Pandemie huet awer och nach eng Kéier ervirgestrach, wat scho méi laang kloer ass: De Lëtzeburger Gesondheetssystem ass ofhängeg vun de Professionellen aus dem Ausland.

Eng Zuel aus dem Joer 2017 beleet iwwerdeems, dass 60 % vun den Dokteren zu Lëtzebuerg méi wéi 50 Joer al sinn. De Risiko vun engem Manktem un Dokteren, awer och u Fleegepersonal insgesamt, ass also evident. Dese Problem ass bekannt, net eréischt zanter dem berüümte Rapport Lair. Mir mussen a mir wäerten dee Problem ugoen duerch e ganze Katalog vu Mesuren, fir d'Attraktivitéit vun de Gesondheits- a Fleegeberuffer, hir Formatioun, hir Attributiounen, hir Ënnerstëtzung an hir Aarbechtskonditiounen ze verbesseren.

Mir wäerten nach Geleeënheet kréien, eis am Detail mat dese Froen ze beschäftegen. An der haiteger Situatioun ass et op jidde Fall wichteg, d'Isolatiounszeit fir geimpfte Leit ënner Konditiounen erfrozesetzen, fir esou de Fonctionnement ënner anerem vum Gesondheitssektor weiderhi kënnen ze garantéieren.

Här President, des Pandemie stellt d'Gedold vun eis alleguer staark op d'Prouf. Bal zwee Joer, nodeems Covid an eist Liewen agegraff huet, musse mer leider erkennen, dass de Virus eis nach ëmmer vill vun eise Fräiheete klaut. Mir hätten alleguerte gären, léif Kolleginnen a Kollegen, mee och d'Leit dobaussen, dass des Kris esou séier wéi méiglech eriwuer wier. Mee et ass awer nun emol net esou. An duerfir musse mer eis stänneg adaptéieren an zesummen un engem Strang zéien. Bis elo, fannen ech, ass eis dat hei zu Lëtzebuerg gutt gelongen. An ech sinn och iwwerzeugt, dass dat mat deemem Text, dee mer haut stëmmen, de Fall wäert sinn.

An deem Sënn soen ech Iech Merci a ginn den Accord vun der LSAP.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorschée.

**Mme Josée Lorschée** (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass mer an deser Pandemie op Iwwerraschung musse gefaasst sinn, net nëmme wat d'Verhale vum Virus ugeet, mee natierlech och wat déi rasant Upassung vum Covidgesetz ugeet, beweist sech mat deemem Projet de loi eng weider Kéier. Et beweist sech awer och, dass mir eis zu Lëtzebuerg nach ëmmer an engem demokratesche Prozess befannen, dass eis Institutioun Chamber gutt funktionéiert an datt och de Staatsrot eng ganz aktiv Roll an eng konstruktiv Roll an deem Land spillt. An ech mengen, domat kënnen mer frou sinn.

Mir kënnen houfreg sinn op eis Institutiounen an ech muss och dem Staatsrot besonnesch Merci soen, well e wierklech ganz aktiv an desen Debaten implizéiert ass. En ass net heibannen ze gesinn, mee ech mengen, an hiren eegene Gremien, do gëtt nawell heiansdo geschweest.

D'Ännerungen, déi des Kéier vun der Regierung proposéiert ginn, berouen engersäits natierlech op der exponentieller Entwécklung vun den Infektiounszuelen - Dir kennt se - an anersäits awer och op wëssenschaftlechen Erkenntnisser, pragmateschen Iwwerleeungen oder Kompromisser.

Jo, déi dynamesch Entwécklung vun den Infektiounen stëmmt nodenklech, quitte dass se virauszegesi war. D'Entwécklung, wéi mer se scho méi laang an Dänemark, Norwegen a Groussbritannien beobachte kënnen, war eis jiddefalls eng Warnung.

An deem Sënn hunn ech och schonn de 24. Dezember hei op deser Plaz gesot, dass d'Omikron-Variant d'Kaarten nei géif mëschen. D'Mëschung vun de Kaarte fänkt scho mat der Feststellung un, dass des Turbovariant déi mënschlech Gesondheet manner staark ugräift an zu manner dramatesche Verleef féiert, well den Omikron d'Longen net oder bal net befällt. Dat bréngt zum Gléck mat sech, dass d'Situatioun an de Kliniken nach stabill ass an datt den normale Fonctionnement vun de Spidolsservicer trotz extreem héijen Infektiounszuele méi oder wéineger assuréiert ka ginn, och wann d'Spideeler schonn an der Phas 3 sinn.

Dat huet awer och nach en anere Grond. Et ass net just deen, dass d'Omikron-Variant méi harmlos ass. Den zweete Grond ass deen, an deem huet och e Spezialist aus dem CHL op enger Pressekonferenz erklärt, den Här Werer, et ass deen, dass e groussen Deel vun den Infizéierte geimpft sinn. Dat heescht net, dass déi geimpfte Leit net kënnen krank ginn, et ass schonn e puermol ënnerstrach ginn, et heescht awer, dass d'Spideeler net vun deene Leit iwwerflut ginn, mee éischter d'Cabineten da vun de Generalisten oder anere Medezinner.

Déijéineg Patienten, déi elo an der Omikron-Well trotz Impfung op der Intensivstatioun landen, leide laut den Aussoe vun de Spidolsserviceren nämlech ënner ganz anere medezinesche Problemer. Zu deene Patienté gehéieren zum Beispill déijéineg, déi e schwéieren Autosaccident haten oder ënner enger Kriibserkrankung leiden an intensiv behandelt musse ginn. Bei desen, mee och bei anere geimpfte Patienté gëtt d'Infektioun éischter zoufällg entdeckt, ouni datt d'Infektioun de Grond vun der initialer Behandlung war. Vu datt des Patienten an de Statistiken awer als Covidpatienten opgefouert ginn, kënn ee ganz séier zum Trugschluss, dass d'Impfung net géif wierken, a schonn ass d'Realitéit verzerrt.

Fakt ass, dass d'Impfung och bei der Omikron-Variant virun engem schwéiere Verlaf schützt an datt d'Impfung nach ëmmer de Kinnekswee ass - et ass virdu betount ginn an och den Dokter Schockmel huet et geschriwwen -, fir d'Spideeler a sai Personal virun der Iwwerbelaschtung ze schützen. Dat war vun Ufank un eist Zil an dat muss och weiderhin eist Zil bliwen.

Dir Dammen an Dir Hären, a Rekordzeit ass et der Wissenschaft gelongen, wirksam a sécher Impfstoffer ze entwéckelen an a grouse Quantitéiten hierzustellen. A wa mir haut eng weider Kéier vun der Upassung vun de Moosnamen schwätzen, da féiert kee Wee dolaanscht, des Moosnamen an de Gesamtkontext vun der Pandemiebekämpfung ze setzen, wou d'Impfung weiderhin eng zentral Roll wäert spillen.

An anere Wieder: Egal wéi oft d'Moosnamen nach hin- an hiergeréckelt ginn an egal wéi eng Schrauwen zou- oder opgedréit ginn, bleift eng fundamental Fro bestoen. Et ass déi, wéi sou et bal engem Drëttel vun eiser Bevëlkerung un der Bereetschaft feelt, sech impfen ze loossen. Reng rational gekuckt ass des Zréckhalung méttlerweil net méi ze begräifen, wuel

wëssend, dass de Vaccin géint de Covid längst seng Feierprouf bestanen huet, änlech wéi de Vaccin géint d'Riedelen a vill anerer.

94,6 % vun eiser Populatioun si géint déi geféierlech Krankheet Riedele geimpft. Zu Poleemik an Demonstratiounen huet dee Vaccin ni gefouert, mee villméi zu Dankbarkeet an Erlichterung, dass en entwéckelt ginn ass an all Puppelche schützt, schonn éier en op der Welt ass.

Fest steet, dass d'Impfstoffer, déi géint dee geféierleche Virus a seng Variante wierken, méttlerweil zur Verfügung stinn. Dat ass ganz einfach e Fakt.

Fir géint Manipulatioun a kognitiv Feelschlöss virzegoen oder awer géint Arroganz an Egoismus, ginn allerdéngs aner Mëttele gebraucht wéi Impfungen, alle virop eng gutt Kommunikatioun an d'Stärkung vum Vertrauen an d'Wëssenschaft. An deem Sënn kann een nëmme hoffen, dass d'Impflücken opgrond vu kreative Campagnen an Iwwerzeugungsarbecht ëmmer méi kleng ginn.

Eng wichteg Roll, Dir Dammen an Dir Hären, spillt dobäi d'Psychologie, déi op deem Niveau net ze ënnerschätzen ass, déi awer seelen thematiséiert gëtt. Éischtens stellt ee jo fest, dass konsequent Iwwerzeugungsversich oft kontraproduktiv sinn an zu enger Aart Trotzreaktioun féieren. Dobäi kënnt, dass vill Mënschen dozou neigen, déi individuell Risiken ze ënnerschätzen. Laut dem Prinzip vun natierlechen Eegeschutzmechanisme gi vill Mënschen dovun aus, dass de Virus nëmme anerer kann treffen. Am Fong ass des Strategie eng Täuschung vu sech selwer. An der Psychologie gëtt des Täuschung als Drëtt-Person-Effekt bezeechent. E bedeit, dass ee sech selwer net a Geforsäit, mee nëmme déi aner.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn haut méi wäit wéi am Ufank vum 19. Joerhonnert, wéi Gerüchter zirkuliert sinn, d'Impfung kéinten d'Mënschen a Kéi verwandelen. Haut si mer am Joer 2022, wou souwuel déi wëssenschaftlech Fakte bekannt si wéi och déi psychologesch Hürden, déi d'Pandemiebekämpfung esou schwéier maachen. Duerfir plädéiere mir derfir, dass des psychologesch Erkenntnisser geizelt an d'Impfstrategie erafléissen, fir datt d'Impfmotivatioun vun den Zögerer a kritesch oder ängschtlech gesënnte Mënschen an den nächste Wochen a Méint nach wäert zouhuelen.

Dir Dammen an Dir Hären, och wann des Iwwerleeungen net direkt mat de Moosnamen ze dinn hunn, déi mer haut modifizéieren, esou ass et mer awer wichteg gewiescht, drop anzugeen, well d'Impfung nun emol d'Häerzstéck vun der Pandemiebekämpfung duerstellt.

Datt d'Pandemie ëmsou éischter an eng Endemie iwwergeet, wat den Impftaux méi héich ass, ass an deem Kontext eng wëssenschaftlech Erkenntnis, déi Hoffnung mécht.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorschée** (déi gréng) | Endemie heescht, dass d'Mënsche sech mat der Infektiounsgefor arrangéieren a léieren, mam Virus ze liewen, ouni datt dat gesellschaftlecht Liewen drënner leit. An deem Sënn ass et begrëssenswäert, dass d'Medezinner an d'Virologen an d'Epidemiologen ëmmer méi Gehéier fannen, wa se de Wee beschreiwen, deen aus der Pandemie erausféiere kann.

Méi Gehéier - an dat fanne mer ganz positiv - fannen d'Experten och an der Press an an de Medien, wou se méttlerweil eng grouss Tribün kritt hunn. Méi eng haart Stëmm kréie se och um politeschen Niveau, an zwar doduerch, dass d'Regierung e Gremium vun Experten op d'Bee gestallt huet, fir d'Diskussioun



ronderem d'Impfflicht op Basis vu wëssenschaftlech fundéierten Argumenter ze begleeden. Éier mer eis dann emol iwwert d'Prinzipien eens ginn, wäert deen Expertenteam och massiv schaffen.

De Ball läit natierlech och bei der Politik. Nach steet déi Debatt aus an et geet bei dësem Projet de loi, wéi gesot, och net ëm d'Impfflicht. Haut stëmme mer fir d'éischt emol iwwert d'Ännerungen of, déi eng Rei Erliichterunge bréngen respektiv un den internationale Kontext ugepasst ginn, ugefaange bei der Reduktioun vun der Isolatiounszeit fir geimpfte Persounen, déi positiv getest gi sinn.

D'Reduktioun vun der Isolatiounszeit vun zéng op sechs Deeg fir Geimpfter mat engem Schnelltest um fënneften an sechsten Dag kann ee wëssenschaftlech begrënnen, well geimpfte Persounen nowieslech manner krank ginn an och eng manner grouss Viruslaascht weiderginn.

Hannert dëser Reduktioun vun der Isolatiounszeit stécht awer och eng éischter pragmatesch Iwwerleeung, déi mer och ënnerstëtzen. D'Iwwerleeung ass folgend: Wat den Omikron méi Menschen infizéiert, wat d'Aarbechtskräften ëmmer méi knapp ginn. D'USA kënnen e Liddchen dovun sängen: An de Vereenegte Staate si ganz Secteuren duerch massiv Krankmeldungen a laang Isolatiounszeiten zesummegebrach.

Datt et de Spideeler zu Lëtzebuerg als Réckgrat vum Gesondheetssystem, mee och de Schoulen, de Betriber, dem Transportsektor, der Rettungsdienstscher, der Kultur, dem Sport a villen anere Beräicher bei extreem villen Aarbechtsausfäll net besser géif goe wéi den USA, läit wuel op der Hand.

Eng Viranung vun deem Szenario kritt ee schonn haut am Schoulsektor, wou 15 % vum Personal Krankheits- oder eeben isolatiounsbedéngt ausfallen, ouni onbedéngt nach krank ze sinn, a wou all Hiewelen a Beweegung gesat mussen ginn, fir de Fonctionnement vun de Schoulen trotzdeem kënnen ofzesécheren.

Als Gréng begrësse mir jiddefalls dësen an all aneren Effort, deen an déi Richtung gemaach gëtt, well et e fundamentaalt Recht ass vun all Kand a Jonkem, dass seng schoulesch Bildung och a Pandemiezeiten ofgeséichert bleift.

Weiderhi si mer als Gréng der Meinung, dass e Lockdown och fir aner Secteuren net méi dierf a Fro kommen an dass alles drugesat muss ginn, fir déi eenzel Secteuren um Dréien ze halen. Leider ännert dat awer, wéi gesot, näischt drun, dass d'Omikron-Variant weinst hirer extreem héijer Ustiehungskraft och aus eegene Kräften d'Potenzial huet, fir vill Secteuren a kuerzer Zeit zum Stéillsand ze bréngen. An deem Fall handelt et sech net ëm e politesch gewollte Lockdown, mee ëm e stëlle Lockdown, dee gradso vill Schued uriichte ka wéi dee Lockdown, dee mir viru bal zwee Joer aus der Nout eraus decidéiert hunn.

Mat der Reduktioun vun der Isolatiounszeit fir Geimpfter beuge mer dësem Risiko ganz kloer vir, quitte dass och vun dëser Measure net nëmme Wonner ze erwaarde sinn. Hei stellt sech och d'Fro, wéi eng Motivatioun verschidde Salariéierten hunn, haaptsächlech déi, déi schwéier Aarbechten ze assuréieren hunn, fir vun der Reduktioun vun der Isolatiounszeit ze profitéieren. Vu dass et keng Obligatioun ass, ass eng gewësse Berufsethik an dësem Fall verlaangt, an et kann een nëmme hoffen, dass dës Ethik sech dann och am Alldag wäert duerchsetzen.

Ee vum sanitäre Standpunkt hier méi ëmstriddene Punkt ass deen, dass den 2G+-Regime scho knapp zwou Wochen, nodeems en a Kraaft getrueden ass, nees gelackert gëtt. Hei geet et jo drëms, dass

Persounen, deenen hir Impfung manner wéi sechs Méint zrëckläit, sech gradewéi déi Geboostert net méi zousätzlech mussen testen. D'Erklärung an der Kommissioun war op meng Fro hin déi, dass et sech hei ëm e Kompromiss handelt tëscht dem Schutz vum Ëmfeld an dem Opwand, dee mat den Tester verbonnen ass. Hei muss een allerdéngs bedenken, dass de Schutz duerch d'Impfung scho méi fréi wéi no sechs Méint kann ofhuelen. An duerfir ass et wichteg, deem Problem entgéintzusteieren. Dass geschitt notament doduerch, dass den Delai, fir sech boosteren ze loosse, op dräi Méint erofgesat ginn ass. Dass fann mir eng ganz gutt Saach an dass och essenziell.

Virun allem kann ee jo dovun ausgoen, dass jiddweren, dee frou an dankbar war, fir sech esou séier wéi méiglech impfen ze loosse - oder och vläicht méi lues, mee geimpft an elo frou an dankbar ass -, och frou an dankbar ass, fir sech esou schnell wéi méiglech boosteren ze loosse. Mir denken, dass dem Problem domat entgéintgesteiert gëtt.

Dir Damm an Dir Hären, ech kommen zum Schluss, an der Hoffnung, dass et de Biergerinnen a Bierger, mee och verschidde Berufsgruppen a -secteuren net geet wéi engem Marathonleifer. Bekanntlech kënnt an engem Marathon fréier oder spéider de Mann mam Hummer. Dass ass dee Moment, wou de Laf immens ustrengend gëtt a wou ee sech mat aller Kraaft muss iwwerwannen, fir net virum Zil opzeginn. De Kampf géint d'Pandemie ass scho laang zu engem Marathonlauf ginn.

Als Gréng wënsche mer jiddwerfalls jiddwerengem heibannen, mee och dobaussen, awer och der Regierung, dass den de Mann mam Hummer a Schach hält an dass eis Gesellschaft iergendwann gestärkt aus der Pandemie ervirgeet a vill Léieren aus dëser Zeit gewonnen huet, och wann déi ganz bedenklech Radikalisierung vu Randgruppen an d'Optrëter vu sougenannten Demotouristen eis ëmmer méi Suerge maachen. Och deem Problem mussen mer eis unhuelen.

Zum Schluss wéilt ech dann nach dem Rapportier Mars Di Bartolomeo, dee grad net heibannen ass, trotzdeem Merci soe fir säi gudden Rapport an den Accord vun der grénger Fraktioun ginn. Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Madamm Lorsché. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen (ADR) |** Merci, Här President. Dir Damm, Dir Hären, elo wou mer dem Här Mars Di Bartolomeo säin neiste Rapport iwwert d'Covidgesetz héieren hunn, fänkt dat neit Joer fir eis richteg un. Well wat wär en neit Joer ouni eng vu senge beegeschterte Rieden iwwer e Covidgesetz? Mir fänken dat neit esou un, wéi mer dat aalt opgehalen hunn. Mir soen him duerfir och en häerzleche Merci!

*(M. Marc Spautz prend la présidence.)*

Här President, an eisen Aen ass dëst Gesetz e weidere Schrack a Richtung vun enger Impfflicht, där hiren Numm een hei net wëll nennen. Et ass schonn den drëtten Schrack, mat deem d'Regierung an déi Richtung geet. Den 3G op der Aarbechtsplaz ass eng de facto Impfbobligatioun fir déi Leit, déi sech et net kënnen leeschten, fir all Dag en deieren Test ze maachen. An der Arméi gouf eng Impfflicht beim Rekrutement agefouert, där hir rechtlech Basis allerdéngs Froen opwerft. An elo kënnt dëst neit Gesetz, mat deem een och mat zwou Impfungen no néng Méint nees als ongeimpft gëllt, wann ee sech net boostere léisst. An et ass eng Fro vun der Zeit - et gëtt jo nach decidéiert -, bis och den neie Booster e Verfallsdatum kritt.

Mir froen eis: Wéi dacks muss ee sech da geschwënn impfe loosse, fir net aus dem gesellschaftlechen a berufleche Liewen ausgeschloss ze ginn? Et gëtt ëmmer méi däitlech, dass, wann ee sech géint de Covid-19 impfe léisst, een dann an engem e richteg, reegelrecht „Impfabonnement“ muss huelen, wann een net wëllt, dass säi Covidpass ofleef.

Datt war awer net dat, wat d'Regierung eis zejoert ugekënnegt hat. Do hat et geheescht, dass d'Impfung iwwer eng laang Zeit viru Covid schützen soll. Mee mir sinn et jo gewinn, dass och am Covidossier d'Aussoe vun der Regierung an hir Reegelen net allze laang halen. Dass ass deels bedéngt duerch de Corona selwer, awer och net ëmmer.

D'Situatioun ass ëmmer méi oniwersiichtlech a kaum ee weess nach, wat grad obligatoresch ass a wat net. Souguer de frësch gebakenen Aarbechtsminister, eise fréiere Kolleg, de Georges Engel, huet de 6. Januar op RTL missen zouginn, dass hien d'Leit verstoe kéint, déi e bëssen den Iwwerbléck verluer hu mat all deene Mesuren an och wéi se ëmzesetze wäeren. Dass wier souguer fir hie selwer net ëmmer esou einfach, esou nach de Minister.

Här President, d'ADR hätt gär méi Rou a Previsibilitéit an dësem Dossier. Dass aktuell Gesetz soll bis den 28. Februar gutt sinn. Elo ass awer eréischt den 11. Januar. De 17. Dezember ass dat ofgeännert Gesetz ugeholl ginn, fir dann ewell de 24. Dezember op Hellegowend nach emol geännert ze ginn. An haut, dräi Wochen nom éischten Gesetz, mussen mer et schonn erëm nees ofänneren.

D'Leit hunn emol keng Zeit, fir sech no deem neie Gesetz ze richten, da kënnt schonn dat nächst! Natierlech, wa gravéierend Ëmstänn kommen, muss e Gesetz ugepasst ginn. Dass ass kloer! Dass awer laang net ëmmer de Fall. Villes, wat proposéiert gëtt, ass iwwert de Knéi gebrach, onkloer formuléiert oder einfach onlogesch. Wéi soss kéint de Staatsrot a sengem Avis véier formell Oppositionen maachen, ouni säi Kommentar an der Aleedung ze vergiessen?

Nieft der Verschäerfung vun der verstoppter Impfflicht huet dëst Gesetz och eng Ännerung, déi ee muss als ekonomesch verstoen an ugesinn. Leit, déi géint de Covid-19 geimpft sinn a sech infizéiert hunn, brauchen amplaz vun 10 Deeg zukünfteg just nach 6 Deeg an Isolatioun. Duerno kënnen si nees schaffen goen, wann d'Resultater vun zwee Antikierperschnelltester, déi net zertifizéiert ginn, op zwee Deeg negativ ausfallen. D'Madamm Gesondheitsminister huet de Verzicht op d'Kontroll vun esou Schnelltester domat begrënn, dass et drëms geet, fir Vertrauen ze schaffen.

Do muss ee sech dann awer d'Fro stellen, ob dës Decisioun, fir déi Tester net ze kontrolléieren, net misst fir all d'Bierger gëllen. Misst dass dann net och zum Beispill fir den obligatoreschen CovidCheck op der Aarbechtsplaz gëllen, deen de 15. Januar a Kraaft tritt? Wann net, géif eis als ADR interesséieren, wéi d'Regierung dat begrënn, fir enger Kategorie vu Bierger méi ze vertraue wéi enger anerer. Firwat vertraut d'Regierung deenen engen an net deenen aneren? Ass dass kompatibel mat der Égalité des citoyens devant la loi, wéi se an eiser Verfassung steet?

Mir sinn iwwerzeegt, dass den 3G op der Aarbechtsplaz dozou bäidréit, dass eist Land geschwënn net méi richteg fonctionéiere kann. Den 3G op der Aarbechtsplaz erhéicht de Risiko vum Absenteismus op der Schaff. Probéiert emol, fir an engem vun eise Laboen uechtert d'Land kuerzfristeg e Rendez-vous fir e PCR-Test ze kréien. Dass ass aktuell scho bal net méi dran! Wat gëtt dass eréischt nom 15. Januar, wann den 3G op der Aarbechtsplaz gëllt? Mir hunn nach ëmmer vill



ongeimpfte Leit am Land. Wann och nëmmen d'Hallschent vun hinne berufstätig ass an e puermol pro Woch en negativen Test muss virleeën, da komme se an de Laboe guer net méi no mat dësen Tester.

Vill Leit wäerten also finanziell a praktesch Problemer kréien, fir en zertifizierten Test virzeleeën, a sech dann an enger Situatioun erëmgesinn, an där si op déi eng oder aner Manéier net schaffe ginn. Esou Moossname wéi den 3G schueden eiser Meenung no méi wéi se notzen. De Gesondheitssektor, d'Gastronomie an de Commerce wäerten héchstwahrscheinlech besonnesch dorënner leiden.

All dës Iwwerleeunge bestärken eis an eiser Iwwerzeugung, dass mir fir d'Fräiwëllegkeet bei den Impfungen sinn. Mir freeën eis op déi Debatt zu deem Thema, déi mer héchstwahrscheinlech an der nächster Woch an dësem Haus hunn.

Mir soe bei dëser Geleeënheet och der Armée Merci, déi dobäi hëlleft, d'Tester ze maachen, fir de Leit d'Liewe méi einfach ze maachen, an déi och beim Contacttracing eng wichteg Roll spillt.

Mir freeën eis, dass d'Situatioun an de Spideeler relativ stabil ass. Dat huet eeben an deels mat der sougenannter Herdenimmunität ze dinn, vun där besonnesch d'Madamm Gesondheitsminister méi wéi eemol geschwat hat. An allen Alterskategorien iwwer 40 Joer läit den Taux vun den op d'mannst duebel geimpfte Leit bei wäit iwwer 80 %, net ze vergiesse, dass niicht deenen iwwer 80 % komplett geimpften an zu engem groussen Deel och scho geboosterte Leit och nach ronn 15 % vun der Populatioun als geheelt gëllen.

Dobäi kënnt, dass déi nei Covidmedikamenter, déi aktuell am Gespréich sinn, versprochen, exzellent ze wierken. Gëtt et e Konzept fir den Asaz vun deene Medikamenter a wat sinn hir Implikatiounen op eng eventuell Impfflicht?

Här President, d'ADR geet net mat op de Wee vun dësem Gesetz, dat d'Leit forcéiert, sech an Zukunft all puer Méint impfen ze loossen. Mir ginn net mat op de Wee vun enger oppener oder verstoppter Impfflicht. Mir kritiséieren d'Komplexitéit an d'Onverständlechkeet vu ville Covidreegelen a wëllen, dass de Bierger allegueren am selwechte Mooss vertraut gëtt, well fir d'Leit dobassens ass et bal net méi méiglech, sech an deem Labyrinth hei erëmfannen.

Mir denken, dass mer an deenen nächste Woche müssen iwwert d'Implikatiounen vun der Omikron-Variant diskutéieren. Ëmmer méi confirméiert sech, dass dës Variant wäit manner geféierlech ass wéi aner Varianten an dass hir wäit Verbreedung d'Resistenz an der Bevëlkerung substanzuell ka stärken.

An Israel an op anere Plaze fänken déi Responsabel dowéinsten un, eng aner Gestoun vun der Covidkris ze envisagéieren. An doriwwer, mengen ech, sollte mer geschwënn och eng Kéier diskutéieren.

Mir kënnen net éiweg méi streng Reegelen maachen, sanitär Moossnamen aféieren, d'Leit all néng Méint oder manner impfen oder weider Impfpäss kontrolléieren, fir an de Restaurant ze goen. Mir wëssen all, dass mer musse léieren, an der Zukunft op eng intelligent a verantwortungsvoll Manéier mat deem Virus ze liewen. Et ass un der Zäit, fir dat intellektuell a konzeptuell virzubereeden.

Dëst Gesetz vun haut ass näischt anescht wéi e weidere Schrack op deem repressive Wee an net méi wéi e Versuch, déi negativ Konsequenzen vun deem leschte Covidgesetz op den Aarbechtsmaart iergendwéi ofzufiedere. De Chaos ass wahrscheinlech hei virprogrammiert. Duerfir wäerte mir dëst Gesetz och net matstëmmen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci, Här Engelen. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Fir d'éischt och merci dem Rapportier fir säi Rapport an all deenen, déi un dësem Gesetz matgeschafft hunn, well et ass jo nees eemol immens vill Aarbecht geleescht ginn, souwuel am Ministère wéi an der Chamber an och an all deenen aneren Institutionen, déi hei matgeschafft hunn. Dat muss een trotzdeem ëmmer erëm soen, och wa mir, wéi Der wësst, zum groussen Deel net mat dësem Gesetz averstane sinn.

Zum Kontext: Mir wëssen alleguer, dass mer an enger neier Well si mat engem neie Variant, dem Omikron, dee sech immens schnell verbreet. Ech hunn elo just nach gelies, dass geschätzt gëtt, dass sech bis am Fréijoer 50 % vun den Europäer solle mam Omikron ugestach hunn. Mir sinn also wierklech an enger rasanter Transmissibilitéit vun deem Variant hei. Dofir ass et kloer, dass de Principe de précaution muss gëllen. Dat ass jo och scho méi oft hei gesot ginn. Spéitens vum Dezember un ass dat hei gesot ginn.

Wat ganz wichteg ass, ëmmer erëm ze ënnersträichen, ass, dass mer villes net wëssen. Mir wëssen net, wéi et weidergeet mat dëser Well a mat dësem Variant, an et net, wat dono kënnt. Ech mengen, et ass wichteg, dat am Kapp ze behalen, dass, och wa mer vläicht de Moment selwer eventuell iergendwéi maîtreséieren, mer net wëssen, wat dono kënnt a wéi déi Pandemie sech weiterentwickelt.

De Kontext ass ginn. En ass, wéi en ass. En ass eeben Deel vun enger Well. A mir mengen awer trotzdeem och - wat hei de Kontext ass vun deem Gesetz, an dat steet och kloer vir dran -, dass deen Datum vum 21. Dezember, wéi d'Europäesch Kommissioun déi Entscheedung geholl huet fir déi nei Reegelen vum EU-Certifikat an déi dat Gesetz hei quasi justifiéiert, scho virum leschte Gesetz stoung. Ech mengen - den Här Wiseler huet dat och elo just virdrun ugeschwat -, dass deen Datum eigentlech net wierklech dat heite Gesetz an deem Sënn justifiéiert, well dat scho virum dem Depot vum leschte Gesetz war. An deem Sënn menge mir och, dass mer hei awer eng Multiplikatioun vu Gesetzter hunn, déi een awer vläicht hätt och scho kënnen zesumme virgesinn.

Den Ophänker vun dësem Gesetz, wou verschidden aner Mesurë mat agebaut goufen - et steet am Gesetz, et gouf dovun profitéiert, fir déi mat anzubauen -, gesi mir eebe kritesch, well mer mengen, dass een dat och schonn am Dezember, wou mer jo op Hellegowend hei convoquéiert goufen, hätt kënne virgesinn. Den 21. Dezember war virum Depot vum deem leschte Gesetz. Dat hätt mer also eventuell scho kéinten deen Ament maachen. Wéi gesot, mir luewen all déi Efforten, déi gemaach gi vu jiddwerengem, deen hei schafft, et ass zum Deel awer eng Aarbecht, déi ee vläicht hätt kënne vermeiden. Schonn dat lescht Gesetz war deen Ament vläicht net néideg an deem Sënn, dass een hätt kënnen d'Saachen zesumme maache beim virleschte Gesetz.

Mir sinn also hei beim drëtten Gesetz innerhalb vun engem Mount. Do kann een also d'Previsibilitéit trotzdeem a Fro stellen, mat där dës Regierung schafft. An och d'CCDH, also d'Mënschrechtskommissioun, bedauert, dass d'Previsibilitéit an de Gesetzter feelt. Si wunnert sech och, well si seet, dass d'Donnéen esou u sech am Dezember schonn do waren an dass, esou wéi dat Gesetz hei steet, net wierklech nei Donnéeën do leien.

D'Gesetz ass deemno dann och relativ onlieserlech. Dat gouf elo hei scho relativ dacks gesot, dass kee méi richteg weess, wou mer dru sinn. Souwuel intern hei am Haus wéi extern, mengen ech, ass ee relativ duercherneen. An ech mengen, mir hunn dat jo och schonn e puermol hei gesot, dass mir selwer och net ëmmer wëssen, wéi, wat a wou dann elo hei an den Detailer steet. An och d'CCDH, d'Mënschrechtskommissioun, seet ganz kloer, dass déi Onlieserlechkeet en Impakt huet op d'Vertraue vun de Bierger, op d'Vetrauen an d'Gesetz, op d'Vetrauen an d'demokratesch Prozesser, op d'Vetrauen an d'Institutionen an an d'Politik am Generellen, wa mer ëmmer erëm nei Gesetzter musse stëmmen, fir Detailer ze reegelen.

Natierlech muss ee Verständnis weise fir déi immens Efforten, déi gemaach ginn, fir dës Pandemie ze geréieren. Et ass kloer, dass mer net kënnen all Detail kontrolléieren, an et ass evident, dass een och net alles kann am Detail virausgesinn. An awer muss ee sech bewusst sinn, dass dee Manktum u Previsibilitéit dozou féiert, dass eventuell e Vertrauensverloscht an der Gesellschaft besteet, an u sech op Käschte vum Vertrauen an der Populatioun geet.

Da mengen ech, an dat seet och d'Mënschrechtskommissioun, dass ee wahrscheinlech nach méi op hir Avise misst lauschten, well si awer och ëmmer erëm betount, wéi wichteg et ass, dass dat Vertrauen an déi Prozesser an an déi Gesetzter net op der Streck bleiwen an dësem Prozess.

Vill Leit wëssen och schonn net méi, wat dann elo gëllt a wou mer dru sinn. Dobäi kommen dann och déi sëllege Ännerungen an de Schoulen, déi elo entscheet goufen an de leschten Deeg, wou een zum Beispill elo kee PCR-Test méi brauch, mee just nach en negative Schnelltest. Vill Leit froe sech, wat dësem Choix zugronn läit, firwat dann elo dee Choix, firwat kee PCR-Test méi, mee firwat dann elo just nach e Schnelltest. Wat justifiéiert déi Ännerung?

An do hätt ech dann och eng Fro: Wee kënnt dann derfir op, wann een awer wëllt e PCR-Test maachen? Well et steet jo am Dokument, dass e PCR-Test just nach fakultativ ass. An do hunn ech mech gefrot, ween da finanziell fir dee PCR-Test opkënn.

Dat heescht, op där enger Säit ginn et just nach Schnelltester, an dat och bei der Isolatioun - et gouf virdu schonn ernimmt. Eng vun den Haaptännerungen an dësem Gesetz, vun deem mer haut schwätzen, ass jo, dass d'Isolatioun erofgeet vun 10 op 6 Deeg, wann een de 5. an de 6. Dag e Schnelltest mécht. Eh bein, do musse mer jo dann awer och feststellen, dass dat, wat mer iwwer Méint a Méint als Maillon faible duergestallt kruten, an zwar de Schnelltest, de Selbsttest, elo trotzdeem erëm eng immens grouss Roll kritt an dësem Gesetz. Et kënnt een aus der Isolatioun eraus, andeem ee sech selwer test, also mat deem Schnelltest, deen net zertifizéiert ass deen Ament! Do kann ech mer wierklech just Froe stellen iwwert d'Kohärenz vun dem Discours no baussen, awer och iwwert de Vertrauensverloscht, dee besteet, wa mer op där enger Säit soen, et ass de Maillon faible, mir müssen en eraushuelen notament aus dem effentleche Liewen, an da geet et awer trotzdeem duer, fir sech ze schnelltesten, fir erëm kënne schaffen ze goen.

Ech mengen - et gouf och virdu vum Här Wiseler gesot -, dass dat wierklech Interrogatiounen mat sech bréngt, och beim Staatsrot. De Staatsrot huet et och ganz kloer gesot, dass dat ganz vill Froe mat sech bréngt. Ech mengen, et ass oséiert, dat ze maachen, well - dräi Punkten - op där enger Säit ginn d'Deeg erof vun der Isolatioun vun 10 op 6, et si just



Schnelltester an et baséiert am Endeffekt just nach op Vertrauen.

Dobäi kënnt elo déi Ännerung, dass ee muss en Test virweisen no 180 Deeg, also wann et e Schéma vaccinal complet ass. Déi Ännerung, fannen ech, mécht Sënn. Et hätt een och kënne vu 4 Méint schwätzen, well mir wëssen, dass d'Immunitéit no 4 Méint erfogee. Mee ech fannen awer, dass et Sënn mécht, déi Durée vu 6 Méint mat eranzubringen.

Bei deene villen Ännerunge muss ee ganz kloer soen, dass ee sech net ka wonneren, wa Cafetieren oder Restaurateuren net méi wëssen, wou se dru sinn a wéi se solle kontrolléieren. Ech weess vu Cafetieren, déi hir Clienten e PCR-Test gefrot hunn, fir e Kaffi drénken ze kommen. Esou wäit si mer! An dobäi muss een awer kloer soen, wat am Gesetz steet, just eng Kéier no baussen, dat sinn dräi Méiglechkeeten: Et ass de Schnelltest sur place, et ass den zertifizierten Test, deen esou eigentlech net drasteet - mee ech hu mer dat jo erkläre gelooss, dass dat en zertifizierten Test ass -, oder de PCR-Test. Also mat deenen dräi Tester kann een am CovidCheck-Regimm deelhuelen.

Vill Cafetieren a Restaurateure kruten och net mat, dass se déi Tester kënne siche goen. Et ass ze betounen, dass et anscheinend Strukture gëtt, déi dat net emol woussten, dass se déi Tester konnte siche goen, déi jo d'lescht Woch zur Verfügung gestallt goufen. An et muss een och soen, dass et anscheinend Strukturen gëtt, déi déi Tester facturéieren. Do muss ee soen, dass - op Nofro hin, op déi Fro, déi ech gestallt hunn - keng Kontroll gemaach gëtt, ob déi Tester, déi een dann eventuell gratis zur Dispositioun krut, net awer vläicht och géife verkaf ginn.

Ech selwer war an enger Struktur, wou Jonker hu misen en Test bezuelen, obwuel deen Ament scho gratis Tester zur Verfügung gestallt gi sinn. Ech hunn deen Ament och d'Fro gestallt, ob déi Struktur déi Tester net siche gaangen ass. An déi soten, si hätte verstanen, wéi wann déi Tester just fir d'Personal wieren an net fir d'Clienten. Also et gi wierklech immens vill Saache falsch verstanen an eeben och net richtig ëmgese.

Zu dësem Punkt wëll ech betounen, dass d'Menschenrechtskommissioun nach eng Kéier ënnerstrach huet, dass d'Tester weiderhi musse gratis an accessibel sinn. A si weisen op deen immense Gouffre hin, also op déi immens Ongläichheeten, déi kënnen entstoen duerch de Fait, dass d'Tester ze bezuuele sinn.

Ee Beispill: Wann zum Beispill Jonker musse fir hire Sport, zum Beispill fir d'Skaten an der Skatthal vun der Stad Lëtzebuerg, den Test bezuelen, da mécht dat wierklech kee Sënn. An dat ass net an der Reil! An ech mengen och net, dass dat am Esprit vun dësem Gesetz ass an och net am Esprit vun der Regierung an och net vun der Stad Lëtzebuerg, well mer wëssen, dass d'Skatthal der Stad Lëtzebuerg gehéiert. Dat war elo dat Beispill, wat ech selwer gesinn hunn. An ech mengen, dat kann et net sinn.

Derbäi kënnt, dass d'Unzuel vun den Tester begrenzt ass, also déi Tester, déi zur Dispositioun gestallt goufen. Mir kruten erkläert an der Kommissioun, dass vun deene 7,5 Milliounen, déi bestallt goufen, der eréischt 1,5 Milliounen ukomm sinn an dass e groussen Deel dovunner an d'Schoule geet. Dat heescht, dass déi Entrepreneuren, déi Strukture wéi Fitnesszentren, Caféen a Restauranten am Endeffekt just eng limitéiert Unzuel kréien.

An do géif ech mech dann och froen, an ech géif et wierklech gäre wëssen, wéi vill Tester dann elo eng Struktur, eng Entreprise wierklech kritt a wéi laang se domadder kommen am Endeffekt. Well ech hu mer och do erkläre gelooss, dass déi Tester awer relativ

schnell opgebraucht sinn am Endeffekt. A wat geschitt dann duerno, wann déi Tester opgebraucht sinn?

Et misst dann och, ech mengen, an där Well, wou mer elo sinn, an där enormer Onsécherheet, wou mer elo si mat deem Omikron, wou mer net wëssen, wéi et weidergeet, wou d'Zuelen eis an de Plaffong explozéieren, einfach méi getest ginn. Mir mengen einfach, et misst een a Wellen, an deene mer elo sinn, wierklech erméi testen an och op der Aarbecht, a virun allem am Moment an där Well, wou mer sinn.

An ech mengen, et wär net vu Muttwëll, wann ee géif soen, och déi Geimpfte solle sech wierklech regelméisseg testen, vläicht souguer dräimol d'Woch oder all Dag sech testen, wann een op d'Aarbecht geet. An och dat seet d'Weltgesundheitsorganisatioun. Et geet net duer mam Impfen. D'Impfung ass keen 100%ege Schutz, mir wëssen dat. Mir mussen eis méi testen!

A mir wëssen och, dass de Contacttracing an de leschten Deeg a Wochen erméi eng Kéier immens belastscht ass an net nokënn. Och dat ass natierlech kloer an där Well, wou mer elo am Moment sinn. An ech war dann och ganz frou an et ass ze begreifen, dass haut, mengen ech, 50 nei Leit an där Struktur ugefaangen hu mat schaffen, wann ech dat richtig verstanen hunn. Hoffe mer, dass dat dann e bësselchen hëlleft.

Zum Schluss ganz kuerz, dëst Gesetz ass an der Kontinuitéit vun deene leschte Covidgesetzter. Dir wësst, mir sinn am Desaccord mat dëser Politik, mat der Form, net onbedéngt mam Contenu, net mam Impfen, mee mat der Form, wéi mer d'Leit dozou drécken, op dee Wee ze goen. Mir stellen och nach ëmmer d'Fro vun der Necessitéit, also d'Fro vun den Alternativen an de Raum a vun der Verhältnisméissegkeet.

Ech erënneren och nach eng Kéier un den Avis vun der Menschenrechtskommissioun, un de virleschten, déi besuergt ass, dass d'Exigenz no Justificatioun an och no der Verhältnisméissegkeet net soignéiert ass. Mir dierfen dës sanitär Kris net um Réck vun der Gesellschaft, vun gesellschaftlechen Zesummenhalt ausdroen. Dat geschitt awer am Moment, a mir bedauern dat. Mir stëmmen also bei dësem Gesetz nach eemol mat Nee.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci, Madamm Oberweis. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, mir sinn am Moment an enger ganz schwieriger Situatioun. Et ass nach ëmmer net kloer, wou Omikron eis wäert hileeden.

Eppes wësse mer awer haut schon: Den Omikron ass keng Well, op där ee surfe kann, mee et ass eng Mauer. Eng Mauer, déi sech virun eis opbaut wéi en Tsunami an déi ganz schwéier ze iwwerwanne wäert sinn.

**Une voix** | Voilà!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Beim leschte Vott vum Covidgesetz hate mir Piraten eis enthalten. Mir konnten net derfir stëmmen, well den 3G op der Aarbechtsplaz de facto eng Impfflicht fir Leit mat méi klengen Revenuen duerstellt, eng Impfflicht, aus där sech Verschiddener kënne mat Schnelltester erauskafen an anerer net. Gerechtegkeet gesäit anescht aus. Ech wäert och herno nach eng Kéier kuerz op déi Calculen zrëckkommen.

Mir wollten awer och net géint dee Projet stëmmen, well d'Regierung am leschten Text ëmmerhin erméi, an eisen Aen zumindest, de richtige Wee vu méi Tester gaangen ass, op de Wee vum 2G+. Mee mat dësem Gesetz bleift elo wuel just nach en „2G+chen“ iwwreg. Mir Piraten hätten eis ganz kloer gewünscht, dass d'Testen erméi eng essenziell Roll an eiser Covidpolitik géif spillen. Mir hu gefuerdert a fuerderen ëmmer nach, dass jidderee sech soll testen, egal ob geimpft, net geimpft oder geboostert! Mir fuerderen, dass d'Patrone finanziell ënnerstëtzt ginn, wat de Kaf vu Schnelltester fir Employéen ueget, a mir fuerderen, dass de Large-Scale-Testing erméi opgemaach gëtt, bis d'Situatioun sech erméi berouegt.

All dat geschitt mat dësem Text awer net. Mir gi mat dësem Gesetz kee Schrëtt no vir, wat d'Testen ueget, mee een no hannen. Hei stëmmt de Staatsrot eis och kloer zou, well och dee versteet net, firwat mer virun den aktuellen Zuelen d'Reegele méi labber maachen. An et passt jo och net bei den Exposé des motifs vum virleiende Gesetz, wou d'Regierung selwer dovun schwätzt, wéi schwierig déi aktuell Situatioun wéinst der Omikron-Variant ass!

An Zäite vum Large-Scale-Testing hu mer zwëschent 60.000 an 80.000 Tester d'Woch gemaach. Dëser Deeg packe mer der just nach 20.000 bis 30.000 pro Woch. A souguer um Héichpunkt vun den Impfungen am Summer d'lescht Joer ware mer nach ëmmer bei 40.000, also nach ëmmer zwëschent 50 % an 100 % méi wéi aktuell. Et dierf also keng Excuse sinn!

An och d'Laboen hu zent an der Press gesot, dass se ouni Problem genuch Material zumindest hätten, fir 7.000 Tester den Dag ze maachen. Wann een dat da mol 7 multiplizéiert, da kënnt ee ganz séier op méi wéi 20.000 Tester. Do muss ee kee Mathematiker derfir sinn.

Déi aktuell Testcapacitéite kommen un hir Grenzen, well d'Leit mussen deeglaang op e Rendez-vous waarden an/oder stonnelaang an enger Schlaang stoen, fir sech ze testen. Ob Stonnelaang-an-enger-Schlaang-Stoe während enger globaler Pandemie elo wierklech sanitär déi richtig Approche ass, woen ech emol ze bezweifelen! Well wie virun nach net krank war, dee geet sécherlech krank heem, wann en an der Keelt zwou oder dräi Stonne gewaart huet, fir en Test ze maachen. Dat ass also während de Wintertméint bei enger Virusvariant, déi méi ustiechend ass wéi alles, wat mer bis elo kannt hunn, méi wéi suboptimal.

Här President, wa mer dës Variant wëllen an de Grëff kréien, musse mer all d'Mëttle mobiliséieren, déi mer hunn. Keng vun de Mesuren, fir de Virus anzudämmen, ass perfekt. An dierfir musse mer vill verschidde Mesuren, vill verschidden onperfekt Mesuren iwwereneeleen, fir esou perfekt wéi méiglech ze ginn.

De sougenannte Kéisschwiwmodell, deen ech scho beim leschten Text erwänt hunn, weist kloer, dass Testen, Masken, Impfen, Distanz, Lëften, Hygiënesregele wichteg Facteure sinn, fir d'Infektionsgeschehen anzudämmen. Dierfir musse mer kucken, dass jidderee, dee sech wëll teste loosse, dat och den Dag selwer, spéitstens den Dag duerno ka maachen, ouni véier Stonnen am Reen ze stoen.

A gläichzäiteg musse mer och kucken, dass kee fënnf Stonnen an enger Schlaang muss stoen, fir eng Impfung ze kréien. Well och hei verléiere mer Leit! Et ass gewosst, dass déi, déi sech elo fir d'éischte Kéier impfe loosse, dat net grad maachen, well se vu Freed an d'Luucht sprangen, fir de Vaccin ze kréien, soss wiere se wuel éischter gaangen.

Et geet also drëms, dës Leit esou einfach a bequeem wéi méiglech eng Impfung ze offeréieren. Et muss



ganz einfach sinn, e Rendez-vous ze kréien, an et muss een een no bei sech doheim kënnen kréien. Dat ass grad am Norden och mat de Pop-uppen net onbedéngt gi gewiescht, wann ee sech eng Kéier d'Lëscht vun de rezente Pop-up-Impfzentren ukuckt.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

A wa mer bei de Pop-up-Impfzentre sinn, da gött et Geschichte vun enner anerem engem de leschte Weekend, wou et dann esou war, datt dee Moment, wou en opgaangen ass, scho keng Rendez-vous méi do waren, d'Tickete ware schonn all fort, an dee Leschten ass, mengen ech, fénnef Stonnen no der Ouverture da geimpft ginn, huet awer misse fénnef Stonnen do an der Schlaang stoen.

Mir riskéieren an esou Situatiounen, datt d'Leit eis nach am leschte Moment ofsprangen an ouni eng Impfung heemginn. An dat göllt et awer, mat alle Méttelen ze verhënnere.

Här President, mat den neie Reegele gött den 2G+-Modell esou komplizéiert, datt een ouni adaptéiert CovidCheck-App emol als Éischt muss de Kalenner an de Gesetzestext eraushuele fir ze kucken, wéi laang dann elo déi lescht Impfung vun der Persoun virun engem schonn hier ass, an dobäi net nëmmen a Méint, mee direkt an Deeg rechnen, wat dat dann elo bedeit.

Duerfir ass et wichteg, an ech si frou, datt de Minister mer dat virun nach konnt confirméieren, datt den Owend ëm Mëtternuecht och déi nei CovidCheck-App disponibel ass, déi deen neien 2G+ ofbilde ka mat deenen 180 Deeg. Mir hunn et d'leschte Kéier kritisiert, wéi et véier Deeg gedauert huet, nodeem mer e Gesetz gestëmmt haten, fir eng nei App ze lancéieren. Do muss ee sech heiansdo d'Fro stellen, ob een net och muss d'Outillen direkt zur Verfügung stellen. Dës Kéier ass et esou wäit. Duerfir soen ech Merci. Ech felicitéieren där Ekip, déi derhannertstécht. Dat ass net ëmmer einfach an dat muss een dann och kënnen soen, wann eppes gutt gemaach ass.

Mam neie Gesetz soll dann och nach d'Quarantänzäit, d'Isolatiounszeit fir geimpfte Persounen vun zéng op sechs Deeg erofgeschrafft ginn. Leider konnt den Direkter vun der Santé eis hei keng wëssenschaftlech Erkenntnisser virleeën, déi dës Schrëtt géifen ënnerstëtzen, an gouf scho gesot vun de Kolleeginnen a Kolleegen. An am Contraire, an dat huet mech awer e bëssen erschreckt, am Contraire, en huet vun interne geheimen Dokumenter vum ECDC geschwat, déi en den Deputéierten net kéint weisen.

**Une voix** | Dat kann dach net sinn!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dat dierf dach net sinn!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ma esou baut ee kee Vertrauen op an déi Mesuren!

*(Interruptions)*

Mir stëmmen hei e Gesetz op Basis vum Héieresoe vum Direkter vun der Santé! Ech gleewen dem Dokter Schmit, datt en dat esou vum ECDC gesot kritt. Mee ech géif awer ganz gäre kënnen kucken: Wat sinn d'Sourcen? Ech géif gären déi jeeweileg Mediekrisis selwer kënnen maachen, wëssen: Wou kënnst du hier? Wéi eng Papere sinn et? Mee anscheinend sinn et keng publizéiert Dokumenter, et sinn am Moment intern Aarbechsdokumenter vum ECDC, op déi mir eis hei baséieren, ouni datt dës Chamber déi Dokumenter viru sech huet.

Dat fannen ech perséinlech net seriö, e Gesetz ze stëmmen op Basis vun Dokumenter, déi mer selwer net kënnen consultéieren. Herno ass et nach ëmmer eng Fro, ob dann all Eenzelne se géif consultéieren,

mee zumindest d'Méiglechkeet misste mer awer hunn, wa mer qualitativ héichwäerteg Gesetzer hei wëlle stëmmen.

Mir Piraten verstinn awer och, datt et wéinst den héijen Infektiounsziel op eemol ganz séier ka goen a mer ouni genuch Dokter, Flegepersonal, Pompjeeën, Polizisten oder Educateure kéinten dostoën.

Mir hätten eis awer gewënscht, datt déi zwee Schnelltester, déi um fénnefte respektiv um sechsten Dag vun der Isolatioun solle gemaach ginn, keng Autotester gewiescht wieren, dës well et bei den Autotester ëmmer méi falsch Resultater gött, wéi wann e Professionelle se mécht, awer och well d'Salarié sech esou kënnen enner Drock gesat fillen, fir séier erëm schaffen ze goen an duerfir den Test vläicht net esou genau maachen, well se den Drock vun hirem Patron spieren.

Hei wier et an eisen Ae besser gewiescht, et hätt een de Leit zwee personaliséiert Codé geschéckt, mat deene si dann hätten e Rendez-vous kënnen ausmaachen, fir e professionellen Test doheim ze kréien, doheim, well e Covidpositive soll sech net an eng Schlaang stelle goen, fir do dann eventuell nach anerer unzestiechen, wann en net schonn nees negativ wier.

Mir hunn de System jo och schonn um Lafen, fir déi Coden ze generéieren an auszedeele fir déi Leit, déi am Moment op hir zweet Impfung waarden. De Site op MyGuichet war also quasi prett gewiescht, technesch hätt dat kee Problem gemaach. Finanziell hätt et sécherlech eppes kascht. Mir hätt warscheinlech Leit misse rekrutéieren. Mir hätt warscheinlech misse Gefierer zur Verfügung stellen. Bref, dat sinn zousätzlech Käschten. Mee ech mengen, déi wäeren an der Sécherheet vun de Leit gutt investéiert gewiescht.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass net d'Zäit, fir d'Covidmesuren ze labberen. Et ass d'Zäit, fir alles géint dës Virus ze mobiliséieren, wat mer och nëmme kënnen mobiliséieren! Mir Piraten sti fir méi Tester, komplett onofhängeg vum Impfstatus, an net fir manner. Den ECDC seet, datt een, wann ee méi wéi 5 % positiv Tester huet, d'Kontroll verluer hätt iwwer d'Situatioun, datt een eeben net méi all Infektioun géif fannen, datt de Contacttracing net méi ka fonctionéieren, well ee ganz einfach net méi all Infektioun detektéiert.

Domadder kënn dann nach derbäi, datt elo am Enseignement nëmmen nach deelweis fakultativ PCR-Tester agefouert ginn, wat an eisen Aen dozou féiert, datt eis Inzidenzzuelen nach méi verfälscht ginn a sech d'Regierung u sech hei kënschtlech niddreg Inzidenzzuele wëllt erkafen um Réck vun der Gesondheet vun de Kanner a Jugendlechen, déi do beträff sinn.

An da kënnst awer nach ee Kritikpunkt, an dee wëll ech och nach lassginn, wat d'Käschte vun de Schnelltester elo fir op d'Aarbecht ugeet. Déi triede jo elo gläich a Kraaft. An do ass mer eppes opgefällt, wat ech d'lescht Kéier leider nach net soe konnt, an dat sinn u sech d'Frais-d'obtentionen op der Steiererklärung, well et si Käschten, déi, fir op d'Aarbecht ze goen, onabdéngbar sinn. Dat heescht, éischters ass et emol fir een, dee gutt verdéngt, vill méi einfach, fir sech déi Suen ze leeschten, wéi fir een, deen nëmmen de Mindestloun verdéngt. Mee nom steierleche Virdeel, deen duerch d'Frais d'obtention kann entstoën, kascht bei engem, deen um Seuil, deen um maximale Steiersaz ass, de Schnelltest just nach 11,60 Euro a fir deen, deen de Mindestloun verdéngt, kascht en 18,60 Euro. Dat heescht, net nëmmen ass et e méi groussen Deel vum Salaire fir déi Äermsten, mee den Test kascht effektiv herno méi.

Ech fannen, datt dat eng wierklech antisozial Mesure ass, déi u sech just den Impfdrock bei deenen

Äermsten verstärkt, während déi Räichste sech hei fräikafe kënnen. An esou eppes kënnen mir net matdroen.

A wann dat heiten alles ass, wat mer géint den Endgéigner Omikron kënnen opfueren, da geet et net duer an da gesinn ech schwaarz. An duerfir stëmmen mir dës Gesetz net mat.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

**Prises de position du Gouvernement**

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Merci, Här President. Erlaabt mer, fir d'Éischt dem Mars Di Bartolomeo Merci ze soen. Ech wier frou, wann ech et eng Kéier net méi bräicht ze maachen, well mer keng Texter missten hei adoptéieren. An ech mengen, ech sinn och net deen Eenzege.

Erlaabt mer fir d'Éischt, Här President, vun den Zuelen ze schwätzen. Et ass vill hei iwwer Zuelen diskutéiert ginn. Ech hat virun zwou, dräi Woche gesot, dass mer riskéieren, en Tsunami vun Neiinfektiounen ze kréien. Dat ass och de Constat, wann een d'Zuele kuckt. Mee Gott sei Dank hu mer deen Tsunami net an de Spideeler.

*(Brouhaha)*

Wann et d'Leit net interesséiert, kënnen se och ...

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

De Fait ass, dass mer, an ech paken Holz un, déi Zuelen am Moment net a Relatioun hu mat Hospitalisatiounen, an och déi Etüden, déi mer kréien aus dem Ausland, sinn éischter rassurant. Mee all Dag kommen nei Norichten. An duerfir ass et wichteg, och déi am A ze behalen.

Zu dem Impfen. Ech kann Iech just hei déi lescht Zuele soen. D'Madamm Gesondheetsministesch wäert anticipéieren. Muer misst normalerweis jo de Rapport hebdomadaire kommen, mee d'Madamm Gesondheetsministesch wäert Iech elo scho méi Informatiounen och ginn, wéi de Verlaf vun deene leschten Deeg war.

Mir gesinn nämlech an de Spideeler, besonnesch, Här President ... An hei ass schonn déi Pressekonferenz ernimmt ginn - ech mengen, et wor den honorabelen Här Baum -, déi och stattfonnt huet d'lescht Woch. An ech sinn och ganz frou, dass déi stattfonnt huet, well déi ass entstanen, andeems mer och d'Spideeler besiche waren. An et ass wichteg, deene Leit, déi all Dag am Spidol och schaffen, d'Wuert ze ginn! An ech muss Iech soen, ech mengen, et war den Dokter Werer aus dem CHL, deen huet vun den Experienze vun der Intensivstatioun geschwat. An ech wier frou, wann een all Mount oder all zwee Méint esou en Topo géif maache mat deene Leit vum Terrain!

Mir hu Leit begéint, Infirmiere begéint zu Ettelbréck, deene soll een och d'Wuert ginn, fir dass si vum Terrain kënnen schwätzen. An den Här Werer huet ganz genau erkläert: „Wann ech aacht Leit hunn op de Soins-intensif, mee wann ech déi ewechhuelen, déi duerch en Autosaccident heihinnerkomm sinn, mee déi och positiv sinn, déi dann als covidpositiv gezielt ginn et cetera, et cetera ...“ A wéi e fäerdeg war, ass e vun aacht op een erofkomm, fir ze erklären, wien da wierklech duerch de Covid elo och op der Intensivstatioun als geimpfte Persoun gelant ass.

A mir hunn Zuelen, Här President, an de Soins-intensifs, wou et wierklech eng grouss Diskrepanz gött



tëschent Geimpften an Netgeimpften. Vun deenen 18 Leit, déi an de leschten zwou Wochen an de Soins intensifs opgeholl goufen, sinn der sechs geimpft an zwielef net geimpft.

Wann een elo ... Dann ass et einfach, da seet een: „Gesitt Der, et ass een Drëttel, zwee Drëttel, esou schlëmm ass et net!“ Mee wann een de Ratio kuckt vu Geimpften an Netgeimpften an eiser Populatioun, si mer bei engem Ratio vun engem zu aacht! Net zwee Drëttel, mee een zu aacht! Dat heescht, op eng geimpfte Persoun an de Soins-intensifs kommen aacht net geimpfte Persounen an de Soins-intensifs. Dat sinn d'Zuelen an déi si fir mech einfach incontestabel.

Iwwert d'Schnelltester ass elo ganz vill geschwat ginn, an da gött gesot, et misst ee PCR huelen oder zertifizéiert Schnelltester maachen. Kommt, mir sinn eis bewosst, wéi eng Moyene mer hunn!

Mir kënnen och net verlaangen no fénnef oder sechs Deeg, dass mer de Leit soen: „Gitt eraus! Gitt eraus, gitt an d'Apdikt oder gitt bei den Dokter an d'Waar-deschlaang oder gitt an e Laboratoire elo direkt den Test och maachen!“

Well mer wësse jo, dass se positiv sinn, wann een e PCR maache geet. Also dowéinsten ass et wichtig, dass dee fénneften oder dee sechsten Dag eng Fakultéit ass. Dat ass jo keng Obligatioun, et ass eng Fakultéit, dass ee kann erausgoen.

Firwat maache mer dat? Mir hunn hei e Volet sanitaire. Mee mir sollen och net vergiessen, dass d'Land muss weider fonctionéieren! An ech mengen, den Här Cruchten huet dat ganz genau och gutt erkläert, dass mer de Problem kréien, dass op eng Kéier näischt méi geet! Soss kréie mer am Fong e Lockdown sanitaire; kee Lockdown, dee mer hei decidéieren, mee e Lockdown, well jiddwereen a Quarantän ass, well jiddwereen am Fong gesot kritt: „Dir sidd isoléiert an Dir dierft net méi eraus!“ An d'Land fonctionéiert dann net méi. Da ka keen Dokter, keng Infirmière och hëllef goen, da ka keen Enseignant sech ëm d'Kanner këmmen, da ka kee Pompjee Feier läschen, da ka keng Police schaffen et cetera, et cetera.

An dowéinsten ass fénnef oder sechs eng Reduktioun vu 40 %, déi mer hei kënnen kréie vun der Durée vun der Isolatioun. An dat ass immens wichtig, fir dass och essenziell Beruffer an d'Land nach weider kënnen och fonctionéieren.

Dowéinsten, an et ass gesot ginn: „Si se da richteg oder net?“ Also wann een zweemol hannereneen negativ ass, zweemol hannereneen, et kann een net méi wéi zweemol negativ sinn. Also dass vläicht eng Erreur ka kommen, duerfir si jo och déi zwee Deeg hannereneen virgesinn, de fénneften an de sechsten Dag, dat heescht, fir d'Resultat och ze confirméieren.

Här President, et sinn hei, erlaabt mer, dass ech ... An dann, ech mengen, et war déi honorabel Madamm Oberweis, déi gesot huet: „Jo, mee dat kascht eppes.“ Ech wëll just drun erënneren, dass d'Frais non-couverts - d'Madamm Oberweis ass elo net do, mee, Madamm Cecchetti, da sot Der der Madamm Oberweis Bescheid -, dass d'Frais non-couverts nach ëmmer bestoe bleiwen, dat heescht, dass do och nach ëmmer eng Méiglechkeet besteet.

Mee ech fannen et zimmlech delikat, dat kréien ech vu verschiddene Leit gesot, dass een a verschiddene Restaurants gesot kritt: „Dir musst fir Äre Covidtest bezuelen!“, wou mer wëssen, wivill Milliounen mer verdeelt hunn. Da kréien ech erkläert: „Jo, mee mir hunn awer Personal müssen huelen, fir d'Tester ze maachen.“ Ech fannen, et ass Limit, ech soen Iech dat, wann ee se gratis kritt huet.

An de Restaurateur sot mer ganz léif gëschter: „Mee ech hu se gratis kritt vun der Chambre de Commerce.“ Ech hunn näischt gesot, mee ech soen der Chambre de Commerce Merci, dass se déi, déi se vun der Regierung a vun der Politik zur Verfügung gestallt kritt huet, da verdeelt, fir et dann nees richtegzestellen. Mee Haaptsaach, si kommen u bei de Leit.

Hei ass vill vun Navigation a vue geschwat ginn. Ech kann Iech soen ... Haut ass net vu Stufeplang geschwat ginn. Et ass eng vun deenen éischte Kéieren, wou net vu Stufeplang geschwat gött. Ech appreciéieren dat, Här Wiseler, dass net vu Stufeplang geschwat ginn ass, well ech just drun erënnere wëll: Mat Stufeplang, déi mer elo säit Méint kréien - bei deene mer ëmmer gesot kréien, wa mer esou vill positiv Leit hätten, da misste mer jo an déi nächst Phas goen -, wiere mer elo scho säit Wochen, wann net an engem Lockdown complet, dann op jidde Fall an enger Situatioun, an där mer dee rouden, rouden, rouden, donkelrouden Alarm un hätten, fir eis ze soen, dass déi Zuelen do och esou héich sinn.

Jo, mir müssen hei reagéieren, ganz oft an eebe ganz kuerzfristig reagéieren. Dee Fait hei, dass mer déi Période d'isolation reduzéiert hunn, ass, well mer matgedeelt kritt hunn, dass beim Omikron - an dat sinn Infoen, déi mer virun och net haten - awer d'Méiglechkeet besteet, dass een net muss zéng Deeg isoléiert bleiwen an dass dat och am Ausland Experienze waren. Jo, dat wosste mer net virun zwee Méint! Dat wosste mer net! Dat wosste mer och net virun engem Mount. Mir wëssen haut nach net, ob et e Lien causal ka ginn tëschen Omikron an awer duerno Persounen, déi am Spidol landen.

De Moie war ech mat Doktere schwätzen. Déi hunn eis gesot: „Jo, mir hu verschidde Fäll Omikron, mee Leit, déi net geimpft sinn.“ Dowéinsten: D'Impfung bleift fir eis e ganz, ganz wichtige Sujet. Deen ass och ganz, ganz wichtig! An nach net méi spéit wéi gëschter sinn aacht Leit gestuerwen. Vun deenen aacht ware sechs Leit net komplett geimpft. Dat heescht, d'Zuele schwätze fir sech.

*(Interruptions)*

Dann, Här President, wann et d'Chamber nach interesséiert, well ...

**Plusieurs voix** | Jo.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | ... ech hunn d'Gefill, wéi wann et net jiddweree géif interesséieren.

*(Coups de cloche de la présidence)*

Et ass jo vill iwwert d'Impflicht diskutéiert ginn. Hei ass jo souguer gesot ginn, mir bräichten déi. Ech wëll just drun erënneren: Dat war d'Ursach, firwat d'CSV de leschten Text net gestëmmt huet, well mer se net direkt elo schonn ouni Differenziatiounen ... An elo gött gesot, den Expertegrupp hätte sech verschidde Leit gewënscht. Ech si frou ze héieren, dass dat, wat d'Regierung decidéiert huet, och gedroe gött vu jiddwereengem. A mir hunn e Grupp vu fénnef Leit, vun deem mer dës Woch hoffen, och en Avis ze kréien.

Wann deen Avis bis do ass, Här President, wär ech och, an déi Leit sinn och Demandeur, fir mat Iech an der Chamber an der Santéskommissioun an och der Conférence des Présidents an dem Bureau zesummenzekommen, fir mat Iech en Echange ze hunn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Éischtens, fir Iech ze erklären, firwat se deen Avis huelen an deen esou och presentéieren. Mir wäerten Iech - ech hoffen, dass mer muer fäerdeg ginn - de Froekatalog och ginn. Dir hutt och matkritt, dass mer

dee Froekatalog och méi breet wëlle verschécken. An et ass net, well mer dem Comité d'éthique schreiwen, dass mer do wëllen zwou Woche verléieren. Mir wëllen d'nächst Woch deen Debat hei hunn!

Här President, ech akzeptéieren net, dass ee mer seet: „Ech si fir d'Impflicht. Punkt.“ Ech wëll wëssen, wat dat heescht.

*(Brouhaha)*

Ech wëll wëssen: Fir wien a wéi een Alter? Ob mer se maachen. Éischt Fro: Brauche mer eng? Déi Fro hätte mer gären tranchéiert vu Leit, déi keng Politik maachen, mee déi d'Matière och kennen. Éischt Fro!

*(Interruption)*

Do hätte mer gären eng Äntwert. Ech hoffen, dass ech déi Äntwert dës Woch kréien.

D'nächst Woch hätt ech gären en Debat hei an dëser Chamber, Här President, wann dat geet. Den Debat de consultation hu mer ugefrot, dass mer deen den nächste Mëttwoch oder den nächsten Donneschde kënnen féieren, wou mer zesummen op all déi Froen aginn, wéi eng Impflicht sollt ausgesinn. Wee concernéiert se? Ass et eng Peine administrative? Ass et eng Peine pénale? Wee gött sanktionéiert? Wee gött kontrolléiert? Et cetera, et cetera.

An déi Froen hätt ech gären hei. D'Äntwert ass net: Ech si fir eng Impflicht. Punkt! D'Äntwert ass: Ech si fir eng Impflicht oder net, wa mer se brauchen. A wa jo, wéi sollt se ausgesinn? An deen Debat hätt ech gären hei.

Et ass ze simplistes, fir ze probéieren, dobaussen de Leit ze soen, dass d'Impflicht d'Äntwert ass op all Problem. Et ass en Deel fir ze hëllefen, dass d'Leit e manner schwéiere Verlaf hunn. Mir wëssen allegueren, dass d'Impfen net d'Garantie ass, dass vun haut op muer de Virus verschwénnt, mee et ass e Meilesteen, deen och wichtig ass, an eng Bréck, déi wichtig ass an där ganzer Bekämpfung, a virun allem fir schwéier Verleef ze verhënneren.

Deen Debat wëll ech gären d'nächst Woch hunn, an ech akzeptéieren och net, dass dat och nach en plus eng vun deenen Ursaachen ass, firwat een dergéint stëmmt, dass ee seet, mir géife gären Zäit gewannen. Deen Debat ass d'nächst Woch. D'Madamm Tanson ass amgang, um Text ze schaffen. An ech hunn Iech dat gesot mam Lückentext, mee mir waarden do op den Avis hei a mir hätte gären dee breetste Konsensus hei an der Chamber!

Wa mer eng Impflicht maachen, dann hätte mer gären, dass déi e large Konsensus och an deem heite Sall fënnt. 31:29 wier schued. An ech hoffen, dass mer da keng Excusé fannen, fir do Ursaachen ze fannen, fir se op eng Kéier net ze stëmmen, mee dass mer et zesumme fäerdegbréngen, duerno mat enger breeder Majoritéit - wann dat de Fall ass, wann d'Experten eis soen, mir brauche se - dann an där Situatioun och eng Impflicht ze maachen. Net hei mat enger knapper Majoritéit, mee mat enger breeder Majoritéit. Well et wier schrecklech, wa mer och nach de Leit dobaussen d'Gefill géife ginn, mir géifen eis heibanne schonn dividéieren. Au contraire: Ech hätt gär e grouse Konsensus! De Kampf géint de Virus ass wierklech e gemeinsame Kampf, dee mer allequerte wëllen ugoen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Här Staatsminister, dann hätte mer awer och gären den Dossier, deen Der eis virgëschter versprach hutt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci.



**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Nee, ech hu gesot, Dir géift en dës Woch kréien, e Mëttwoch wier jo den Debat. Dir verstitt, dass vill Froen och erakommen. Fir eis ass et wichteg, dass Der och dee kompletten Dossier kritt, well dee kompletten Dossier soll och selbstverständlech medezinesch a sanitär Donnéeën hunn, op déi ee sech da baséiere sollt. An normalerweis hoffen ech, dass e muer ... Ech probéieren, dass Der e muer kritt, fir dass mer nächste Mëttwoch deen Debat och en toute sérénité kënnen féieren, well ech mengen, dass Serenitéit hei wierklech gefrot ass. An déi ass néideg an dowéinst: Mir sollten net een deem aneren d'Schold zouweisen, wat e richteg oder falsch mécht.

An aacht Joer, Här President, wäert dat heiten eng vun deene schwéiersten Decisiounen sinn, déi ech an dëser Chamber matdiskutéieren an déi ze stëmmen ass. Et ass eng eethesch Fro. Et ass eng schwéier Fro. An ech ka verstoen, dass dat fir vill vun Iech heibannen och eng schwéier Fro ass. Mee wa mer et fäerdegbréngen, op Fakten, op medezinesch Fakten ze lauschten, de Virologen, de Scientifiquen nozelauschten, op där anerer Säit awer och déi eethesch, déi juristes Froen an all déi verschidde Facetten ze analyséieren, brénge mer et fäerdeg, hei e geschlossent Bild ze ginn an ze weisen, dass mer, wann et dréms geet, zesammenhalen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Premier- a Staatsminister Xavier Bettel. An d'Wuert huet elo d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Merci, Här President. Och vu mir fir unzefänken e grouesse Merci dem Rapportier fir de 26. Rapport. Dass mer dëst Joer mat esou eppes mussen ufänken, hätte mer eis all net gewünscht. An den Exploit gëtt ëmmer méi remarkabel. Mir hunn et dës Kéier erëm ënner extreemstem Zäitdruck hikritt, fir schnell ze sinn, fir flexibel ze sinn. Dat ass net selbstverständlech no esou enger laanger Zäit. Well wann de Virus - an déi ganz Pandemie - eppes kann, dann ass et, eis midd maachen. Si mécht eis midd vun Ufank un. Si iwwerrascht eis ëmmer erëm. Si strapazéiert eis Capacitéiten. Et kënn een einfach net méi dohannert. A se strapazéiert och eis Gedold. Op alle Fall, wat mech betrëfft, mieren ech dat ganz gutt, wat méi Méint verginn, wat et ëmmer méi schwéier gëtt, och déi néideg Serenitéit ze behalen.

Firwat mécht en eis esou midd? Well en net virauszegesinn ass. Mir hu gär Planungssécherheet. An dese Virus, dee léisst sech net plangen. All déi, déi geplangt hunn, hu missen déi batter Léier kréien, dass dat net d'Strooss hält. An ech hunn effektiv och haut mat Interessi matkritt, dass dës Kéier net méi vu Stufepläng geschwat ginn ass. Et ass kee Stufeplang actuellement iergendwou nach en place, deen d'Strooss géif halen, well de Virus nun eeben emol a villen Hisiichten imprevisibel ass.

E mutéiert an da passen déi Modelisatiounen net méi. An de Problem ass, dass een net weess, a wéi eng Richtung e mutéiert. Gëtt e just méi schnell? Gëtt e méi pathogeen? Do si vill Variablen, an dat mécht dat Ganzt eeben ëmsou méi schwierig ze geréieren.

Bei deem Variant, mat deem mer elo ze dinn hunn, wësse mer eréischt Drépsche fir Drépschen, wat et mat em op sech huet. Et kommen Dag fir Dag nei Erkenntnisser. Oft ginn déi mëndlech echangéiert. Ech géif gären op dat agoen, wat vum Sven Clement ugeschwat ginn ass. Dir hat de Privileeg an der Chamberskommissioun, de Representant, dee fir eis am ECDC sëtzt, perséinlech kënnen ze héieren. Ech weess

och net, ob dat Usus an deenen aneren europäesche Länner ass. Hien huet Iech dat erkläert, wat och fir déi aner Länner an Europa gëllt: Et gëtt nach keng wëssenschaftlech Etüden, déi sech esou kënnen nennen. An dat, wat am Moment leeft a woumat all Land konfrontéiert ass, ass den direkten Echange tëschent den Experten. Do ass sech och ganz flexibel opgestallt ginn. Si gesi sech, si echangéiere sech. An den Dokter Schmit huet Iech et erkläert an der leschter Chamberskommissioun: Et ass net erlaabt, déi Dokumenter ... dat si provisoersch Dokumenter, déi net esou kënnen erausgoen an där Form. En huet Iech dat ganz gutt an ausféierlech erkläert. A mat deenen Donnéeën musse mer nun eeben emol schaffen.

Mir haten zu Lëtzebuerg d'Chance, dass mer kleng sinn, dass eisen Dokter Schmit ganz flexibel ass an och ëmmer disponibel, fir mech ze begleeten. Dir hutt et net par personne interposée héieren, mee, wéi gesot, hei direkt vun engem Representant aus deem Gremium. A méi hu mer net à disposition. Dat ass bei eis net anescht wéi an anere Länner och. Dat ass och erëm d'Particularitéit vun där Kris. Et ass op där Basis, op där mir och musse schaffen, an dat gefällt kengem. Ech hätt et och gäre méi kloer a méi propper a méi viraussiichtlech. Mee et ass leider ënnert deenen dote Maassgaben, wou mer alleguerte musse schaffen.

Elo stellt sech dann erëm d'Fro: Wéi ass et mat der Effikassitéit vum Vaccin par rapport zu deem neie Variant? Dat ass deels net esou dramatesch, wéi et kéint sinn, awer och net esou gutt, wéi et kéint sinn. Mir waarden alleguerte mat Schmäerzen elo op d'Zouloossung vun enger nächster Generatioun vu Vaccinen, déi déi nei Variante besser wäert ofdecken.

Fakt ass, dass eng signifikativ manner gutt Wierkung ass bei der Impfung, wat d'Ustiechung selwer ugeet. Dat gesi mer mëttlerweil och an eisen Zuelen. Et sinn och eeben ëmmer méi geimpfte Leit, déi sech ustiechen. Do hu mer also kee gudden Effet vun deem heite Vaccin.

Am Géigenzuch ass en awer ganz effikass, wat e schwéiere Verlaf ugeet, oder relativ effikass. Och net méi esou effikass, wéi e bei deem virege Variant war, mee ëmmerhin! Ëmmerhin ass déi Impfung, déi mer hunn, dat, wat nach ëmmer mécht, dass mer d'Saach am Grëff halen. A mir hunn nach keng aner. Mir hunn och nach keen Datum, wéini eng nächst Generatioun wäert kommen. Do si vill Hoffnungen drop, mee e kloten Datum gëtt et nach net. An dofir si mer frou, dass déi Impfungen, déi mer elo hunn, déi mer am Asaz hunn, grad wa geboostert ginn ass, dach awer schütze virun engem schwéiere Verlaf.

Et ass erwänt gi vum Premier: Mir hunn hei zu Lëtzebuerg ronn véiermol méi geimpfte Leit wéi där net geimpfter. De Ratio an de Spideeler ass awer e ganz aneren. Wa mer op déi lescht Woche kucken, läit e bei 1:8. Dat heescht: Op ee Geimpfte kommen aacht Netgeimpfter. Dat schwächt eng extreem kloer Sprouch! Dat kann een an Zuelen net méi kloer verdäitlechen. Mir hunn d'Fakten haut an déi si kloer. Déi si souguer glaskloer.

Wat mer net wëssen, ass, wéi sech elo eeben d'Pertinenz vun der Impfung wäert ausweiden. An dofir och de Wunsch, a fir elo zäitno ... An Dir sot, Dir hutt schonn éischter deen Expertegremium gefrot. Majo, dee kann eis jo awer elo net eng zäitno Aschätzung gi vun der Pertinenz vun enger Impfflicht op Omikron, wann d'Erkenntnisser ronderëm Omikron elo eréischt kommen. Déi kommen eréischt lues a lues! Omikron fängt säit zwee Deeg un, an de Spideeler an Dänemark eropzegoen. Dat konnt ee virun zwou Wochen net wëssen! Och keen Expert. An ech mengen, déi Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei dës Kéier och net.

Fakt ass: d'Zuele ginn erop. Mir sinn bei enger Verdueblung iwwer siwen Deeg ...

**M. Claude Wiseler** (CSV) | A 14 Deeg ass ...

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | ...mëttlerweil ukomm.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | ... d'Situatioun erëm eng aner.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Da wësst Dir et och net.

(Brouhaha)

Dofir ...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Also et muss een, ...

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Dat heescht, mir schwätzen ni driwwer.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Also et muss een zwar eng Kéier eng Decisioun huelen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Mir kënnen net ëmmer waarden.

(Interruption et coups de cloche de la présidence)

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Da ware mer ëmmer no.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Se kënn.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Se kënn. Et ass jo och nach néierens ... ech mengen, muer ass den Delai, wou an eist Räich déi éischt generell soll kommen. Do lafen d'Debatten nach haut. An Däitschland si se fir an dräi Wochen, mengen ech, annoncéiert.

(Interruption)

An ech mengen net, dass Der eis och do ... Ech hunn haut och eng Kéier keng Länner héieren, déi zitéiert gi sinn. Ech si gewinnt, no deene 26 Kéieren hei ëmmer erëm gesot ze kréien, mir sollten dach, em Gottes Willen, dohinner kucken, dohinner kucken. Et wär jo awer esou einfach. Mir bräichte just ze kucken, wou et iwwerall besser a méi schnell geet. Abee, hei hunn ech och elo net wierklech d'Gefill, dass et an Europa méi schnell virugeet wéi bei eis hei an deenen Debatten.

Wéi gesot, mir sinn ukomm bei enger Verdueblung vun den Neinfektiounen op siwen Deeg. Dat ass extreem. Do musse mer ons drop astellen. Mir sinn am Trend e bësselchen zäitversat mat deene Länner, wou den Omikron éischter u war. Mee et gesäit awer esou aus, wéi wann d'Tendenz an déi nammlecht Richtung geet.

Et hätt ee kënnen hoffen, dass et e bësse manner prononcéiert wär, well mir jo hei net e Freedom Day haten an eeben nach Mesuren en place haten. Leider weisen eis déi lescht Zuelen iwwert déi lescht Woch eppes aneres. Mir leien nach ëmmer am Trend e bësse méi niddreg an den Neinfektiounen wéi elo zum Beispill Dänemark oder Frankräich, op där anerer Säit awer méi héich wéi eis belsch Noperen, Holland, Finnland, Däitschland.

An awer, obwuel mer engersäits der méi hunn, anersäits der manner hu wéi aner Länner, déi deels méi en héijen oder deels méi en niddregen Impftaux hunn, ass eng Tatsaach, dass et bei eis an de Spideeler, sief et um Niveau vun den Intensivbetten, mee och generell an den Administratiounen, nach ëmmer relativ gutt ausgesäit. Mir sinn op alle Fall besser wéi eis Nopere ronderëm eis, trotz deene Variatiounen an





den Neiinfektiounen. An dofir bleiwe mer zouversichtlech, dass déi Schrëtt, déi mer geholl hunn, net ...

*(Interruption)*

... Honnert Prozent falsch kënne gewiescht sinn. Et kéint ëmmer besser sinn. Op alle Fall am Moment ass et schwéier, Länner ze erten, no deene mer kéinte kucken, fir eis ze inspiréieren an ze gesinn, wéi een et hätt kënne besser maachen.

Virun allem, an ech géif gär den erënneren: D'Situatioun an de Spideeler ass eng Saach. Dat ass den Haut. Dat ass elo, wou mer nach ëmmer relativ gutt dostinn! Dofir hu mer jo och preventiv déi Mesuren Enn lescht Joer geholl, fir dass et net méi schlëmm oder vill méi schlëmm soll kommen.

Mee dat, wat eigentlech zielt, ass: Wann een zréckkuckt, hu mer et och färdigbruecht, am Bilan un Doudesaffer, déi deen heite Virus mat sech bréngt - an dat ass letztendlech dat, wat eis och vun engem humanistesche Point de vue soll interesséieren -, relativ niddreg ze bleiwe mat eiser Surmortalitéit. Ech géif Iech gär den Tablo weisen.

*(Mme Paulette Lenert montre un graphique.)*

Et gëtt ëmmer gäre verglach, fir déi, déi e wëlle kucken. Dat ass d'Surmortalitéit. An do läit Lëtzebuerg hei op der drëtter Plaz bei deenen, déi dach awer ganz niddreg sinn, iwwert déi ganz Pandemie gekuckt.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Mir leien do bei 50. Dat geet erop fir aner Länner, bei Italie bis 300 op 100.000 Awunner. Och dat gëtt eis ze hoffen, dass mer dach vläicht net alles esou falsch gemaach hunn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Mir sinn eis bewosst, dass et Hickhack ass. Selbstverständlech kommen all Dag nei Iwwerraschungen.

*(Interruptions)*

Domadder muss mer liewen, säit zwee Joer schon. Dat ass ganz ermiddend. Et ass net einfach, de Leit et ze erklären. Et ass awer eisen Job, et ze maachen, an ech zielen do op Iech alleguerten, fir déi komplizéiert Saachen dann einfach ze artikuléieren. Dat misst jo och hei eis ...

*(Interruptions)*

... Aarbecht sinn, dat kënne ze maachen als Politiker. Dofir si mer och do, fir de Mëttelmann ze sinn, als Representante vun de Leit, an dat dann einfach erwerzebréngen.

Wou si mer drun an den Zuelen? Bei der Population générale si mer am Moment bei liewer 75 %, déi eng éischt Dosis kritt hunn. Bei der Population vaccinable - iwwer fënnef Joer ass dat jo mëttlerweil - hu mer déi 80 % iwwerschritt. Dat heescht, mir sinn am Moment an enger Situatioun, wa mer déi gehat hätten am Hierscht, da wäre mer immens frou gewiescht. Dann hätte mer geduecht, mir hätten et gepackt.

All d'Experten hunn dee Moment gemengt, dat wär deen Taux, deen ee misst hunn, fir dass een doduerch wär. Dee Moment hu mer eropgekuckt op Länner, déi eebe méi héich stoungen. Mir hunn dat laanscht d'Ouere gewaatscht kritt hei. Fakt ass: Kee steet haut besser do! Mir sinn haut och do. An haut wësse mer alleguerten zesummen, dass et leider net duergeet aleng mat der Impfung. Och dat ass eng nei Donnée, déi mer gäre belicht hätten, wat d'Pertinence ugeet

vun enger Impfflicht elo am Haut, also kuerzfristeg. Wat bréngt se haut am Kontext vun deem Omikron, wou mer wëssen, dass den Impfschutz anescht drop awierkt wéi eeben nach vläicht am Hierscht? Dat si vill Variablen. An et ass wichteg, dass méiglechst vill Experte sech eng Kéier domadder befaassen.

*(Interruptions)*

Mir hunn entre-temps 250.000 Boosteren iwwert déi lescht zéng Woche gemaach. Nach weider 70.000 Rendez-vous si geholl. Dat ass ganz zu eiser Zufriedenheet. An dat ass och eng grouss Chance. Well eebe justement dat, wat gewosst ass elo oder wat ëmmer méi ersichtlech gëtt iwwert déi lescht Deeg, dat ass, dass de Booster dach e gudden Effet huet. De Booster ass och dat, wouvun ugeholl gëtt, dass et hëlleft, d'Zirkulatioun nach liewer ze drosselen. Op alle Fall fir de schwéiere Verlaf ass dat och eppes ganz Positives, wa méiglechst vill Leit eebe geboostert sinn.

Dës Woch ass den Delai erfogaangen op déi ... also an der Ëmsetzung vun där Decisioun, déi mer geholl hunn, fir de Booster nach éischter méiglech ze maachen, ab dräi Méint. An och fir Jugendlecher. Do wäerten nach 33.000 weider Invitatiounen erausgoen. Mat der Luxexpo, déi opgaangen ass, si mer bei enger Capacitéit aleng bei eisen Zentren, déi bei 45.000 Impfungen pro Woch läit. Dobäi kommen natierlech nach d'Pop-up-storen an et kommen d'Impfungen bei den Dokter an de Praxissen derbäi.

Mat dem Vaccin, dee mer elo am Stock hunn - dat si 50.000 Dose Pfizer, 100.000 Dose Moderna - a mat de Liwwerungen, déi mer nach bis Enn Januar annonciéiert kruten - dat sinn nach eng Kéier eng 25.000 Pfizer a 14.000 Moderna -, wäerte mer jiddefalls genuch Impfdosen hunn, fir eis Boostercampagne bis Enn vun der Fuesvakanz ofgeschloss ze hunn.

Gottseidank ass do näischt, wat e Stréch duerch d'Rechnung gemaach huet am Niveau vun de Liwwerungen, well - dat däerfe mer och net vergiessen - och dat kann eis nach eng Kéier passéieren. Mir hunn ni eng Honnert Prozent Sécherheet, wat weini geliwwert gëtt. Och domadder muss mer jongléieren oder wurschtelen, wéi aner Leit et géife soen. Mir mussen halt ëmmer ganz kuerzfristeg schaffen. An do ass een net an der Perfektioun. Do, wou gehuwwelt gëtt, fale Spéin! An do, wou dat an der Hetz muss geschéien, warscheinlech och nach méi!

*(Interruption)*

Wat ass nach weider ze soen? Mir hu ganz héich Infektiounszuelen. Firwat sti mer haut hei? Dir hutt et ugeschwat. Bon, engersäits fir déi néng Méint afléissen ze loosse, déi wuel annonciéiert waren den 21. Dezember, mee et ass haut nach net formell adoptéiert, géif ech gär den ënnersträichen! Et ass eng Annonce gewiescht. Formell sinn déi Texter nach net a Kraaft op europäeschem Plang. An normalen Zäite waart een dat of. Mee vu datt sech hei verschidde Saache cumuléiert hunn - bon, éischters emol weess ech och net, firwat dat esou laang dauert, et soll jo am Februar a Kraaft trieden, et wäert eminent sinn -, hu mer geduecht, et wär awer gutt, dat elo esou lues an d'Gesetz afléissen ze loosse.

Eent ass kloer: Bis zum Schluss vun der Lafzäit vun deem Gesetz hätte mer esou oder esou net kënne waarden. Mee idealerweis hätte mer natierlech gewaart, bis dat a Kraaft gewiescht wär, an dann hätte mer d'Modifikatiounen proposéiert, wéi een dat eeben normalerweis mécht.

Et kuum awer derbäi, an et ass elo scho mehrfach gesot ginn, ech géif et awer gär nach eng Kéier ënnersträichen: Doduerch, datt mer genau dee selwechte Verlaf elo hei hu wéi en zäitversat an anere

Länner war, mat extreem héijen Zuelen, also mat enger Multiplikatioun, déi sech hei leider d'selwecht stellt wéi an anere Länner och - dat konnt een och net onbedéngt am Virus wëssen, et war selbstverständlech eng Hypothees, mee et hätt och kënne méi gedrosselt bleiwen -, si mer mat enger akuter Situatioun eeben op den Aarbechtsplaz konfrontéiert, wou ee mat esou Zuelen effektiv all seng Efforten drop setzt, fir kuerzfristeg ze kucken, wat ee maache kann, fir deem entgéintzewirken.

Ech mengen, ech wäert et net méi widderhuelen, mee wa mer op eemol an d'Dausenden Neiinfektiounen vun Dag zu Dag kommen, da wäert dat eis als Gesellschaft lämen. Dat wäert eis essenziell Servicer lämen. Et wäert d'Servicer an de Spideeler lämen. An do ass et wichteg an et kann och net anescht sinn, wéi dass ee sech Gedanke mécht, wat een dann elo kuerzfristeg maache kann. A mir gehéieren zu deene Länner ..., dat si se net all. Ech wëll betounen: Verschidde Länner setzen nach Leit, déi geimpft sinn, a Quarantän. Dat maache mir scho säit dem Summer net méi.

Verschidde Länner si beim Isolement nach bei 14 Deeg. An do ass nix, fir et erfzesetzen. Mir gehéieren zu deem Pool u Länner, déi do Efforte maachen. A mir hunn effektiv déi Decisioun geholl - an déi kënne mer och sanitär verrieden -, fir op déi sechs Deeg ze goen ënner verschidde Bedéngungen. An ech denken, dass dat am Sënn vum Land ass, vun eis alleguerten. Dat ass net eng reng wirtschaftlech Consideratioun. Déi Pandemie trëfft eist Land a villen Hisiichten, a wa mer eis op eemol selwer geläamt hunn doduerch, dass mer net méi kënne aktiv sinn, dann hu mer net gutt geschafft.

Dës Flexibilitéit fuerdert d'Kreativitéit heiansdo, fuerdert d'Schaffen - op eng Kéier vun haut op muer - iwwer Nuecht, wéi et eeben ufält. Mir versichen, pragmatisch ze sinn, flexibel ze sinn. An ech géif gäre betounen: Et ass net just eng Impressioun, mir verstoppen hei näischt! Mir soen: Selbstverständlech - a mir hunn eis laang doriwwer echagéiert an der Kommissioun -, wa mer déi Optioun huelen, fir hei mat Schnelltester doheem ze schaffen, dann ass dat, well eis Capacitéiten, genau wéi an all deenen aneren europäesche Länner, un hir Limitte kommen. Dat si Limitten, déi een net einfach ka kafen. Et geet em d'Personal, dat feelt.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Et geet em d'Personal, dat feelt, a mir sinn un eise Limitten. Dat ass evident! Mir sinn hei an eppes, wou mer net kënne einfach ... an et kann ee sech viles kafen - dat gëtt ons jo och oft reprochéiert als Land -, mee iergendwou ... Ressourcen, déi d'Qualifikatioun hunn, fir Prelevementer ze maachen, déi kritt een net einfach vun haut op muer eropgesat, wéi et da grad géif passen, fir déi Dausende Fäll, déi mer ze beaarbechten hunn, ofzeschaffen.

Och do ass zu kengem Moment verstoppt ginn, dass de Contacttracing natierlech Limitten huet. Mir hunn dat jo kommunizéiert. Virun enger Zäit ass d'ganz Land mat engem Communiqué informéiert ginn, dass mer eriwergeswicht sinn op d'Autodeklaratioun. Dat ass eppes, wat mer schon eng Kéier an der éischter Phas vun der Pandemie haten. Och do si mer haut nees. Dat ass awer elo näischt, wat mer verstoppen. Dat gehéiert zu där Situatioun, wéi mer se elo hunn. Dausenden an Dausenden Appellen den Dag, déi kritt een iergendwann net méi gestäipt an et mécht och kee Sënn méi!

Dovun ofgesinn hu mer eropgeschrauft. Net elo eréischt 50. Mir sinn op 255 gewiescht ufanks des



Joers. De Contacttracing gëtt kontinuierlech eropgefuert an och d'Leit ginn ausgewieselt. Och do hu mer Iwwerraschungen. Verschidde Piste fruchte besser, anerer fruchte manner, mee dat huet eng natierlech Limit. An dofir si mer eebe säit enger Zäit och elo schonn am Modus vun der Autodeclaration.

Mir passen dat un, sou gutt et geet, sinn och do esou flexibel, wéi et geet. Mee och do kritt een d'Leit net esou aus dem Buedem gestemmt, wéi ee sech et géif wënschen. Vill Leit si selwer am Isolement oder hunn eng Aarbecht, wou se net fort kënnen, d'Reserv ass net méi déi selwecht, wéi dat am Ufank vun der Kris war, et cetera. Mir hunn dat dote schonn oft am Detail beschwat, well et u sech ëmmer déi selwecht Fro sinn, déi opkommen.

Voilà. Ech géif just nach eng Kéier drop hiweisen, dass d'Deklaratiounen, déi jo da vu ganz ville Leit awer gemaach gi si vum CovidCheck-Regime, well dat war d'leschte Kéier d'Fro ... Ech hunn net gesot, dass dat Leit aus mengem Ëmfeld wäeren, ech hu gesot: Et sinn effektiv Dausende Leit hei am Land, déi dat matkritt hunn. Dat ass fir eis och eng Sensibilisatiounsgeschicht. E Mënsch, deen dat deklaréiert, ass nach eng Kéier op eise Site, kritt och Informatiounen mat.

Mir wëssen och an engems duerch déi Notifikatioun, wou gréisser Fester sinn. Dat ass hëllefreich, well mer op Clustere schaffen. Zum Beispill kann een do Relatiounen gesinn. Dat huet scho säi Wäert. An och dat hate mer Iech deemools, wéi et ageféiert ginn ass, erkläert a beschriwwen, firwat dat esou ass a wéisu mer déi Optioun geholl hunn.

Voilà. Ech géif Iech Merci soen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert. D'Parole après ministre ass fir den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Fait personnel, Här President. D'Madamm Ministesch hat mech jo ugeschwat.

*(Interruptions)*

Ech mengen, ech wollt just kloerstellen, ech hunn et virdrun a menger Ried och gesot: Ech gleewen dat, wat den Dokter Schmit eis do gesot huet. Ech gleewen him, dat dat dat ass, wat hien op ECDC-Niveau gesot krut. Woumat ech e Problem hunn, ass, dass mer Vertrauen no bausse mussen opbauen. Net nëmme Vertrauen ënner eis 60 an den Experten, déi mir ze héiere kréien - an ech soen ëmmer Merci fir all Informatioun, déi mer an der Kommissioun kréien -, mee hei geet et drëm, och no bausse Vertrauen an déi Mesuren, déi mer hei huelen, opzebauen.

A wa mer dann awer soen: „D'Experte beim ECDC soen X an dofir maache mir dann och direkt X“, dann hunn ech perséinlech d'Gefill, trotz all deem Vertrauen, dat ech hunn, dass et hei net drëm geet, fir eng sanitär Entscheedung ze treffen, mee dass et hei drëm geet, fir Absencé méiglechst erofzesetzen, Congé-pour-raisons-familialen erofzesetzen, Krankeschäiner ze reduzéieren. Eppes, fir d'Gesellschaft um Lafen ze halen. An och dat, hunn ech gesot, verstinn ech.

Wou mä Versteesdemech dann awer ophält - an dat hunn ech och a menger Ried developpéiert -, ass, dass mer da mat zwee Autotester déi Isolementer kënnen fréizäiteg ophiewen. Mir géifen eis wënschen, dass et do en zertifizéierte Moyen géif ginn, fir eeben Abus an och Drock vu baussen op déi betraffe Leit ze eliminéieren. Dat hunn ech gesot.

Ech kritiséieren net, dass mer eis op eppes baséieren. Ech fannen et just problematesch, dass mer ...

*(Interruptions)*

... et dann awer einfach maachen.

*(Interruption par M. Dan Kersch)*

Här Kersch, ech weess net, ob den Här President Iech d'Wuert ginn huet. Dir waart emol Minister, ...

*(Exclamations)*

... dir misst dat heibanne jo da wëssen.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Ech froen d'Madamm Ministesch, ob si nach eng Kéier wëllt dorobber reagéieren.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Nee, Här President. D'Alternativ wär, dass mer manner flexibel wäeren - dat sinn och nach vill Länner - an eebe waarden, bis eppes Schrëftleches kënnt. Mir probéieren, ...

*(Interruption)*

... Verständnis fir d'Flexibilitéit ze kréien an deementsprechend schnell ze handelen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Ministesch.

*(Interruption)*

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7943. Den Text steet am Document parlementaire 7943<sup>e</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7943 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här President, och wann Der mer d'Wuert net ginn hutt, mee mäin Dénge geet net.

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen**, Président | De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 31 Jo-Stëmme géint 29 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt (par M. Gusty Graas), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 12. Résolution de Mme Martine Hansen relative à la note de la Cellule scientifique au sujet de l'action « SuperDrecksKëscht »

*(Résolution déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 14 de ce compte rendu)*

Da kéime mer nach zur Diskussioun iwwert d'Resolutioun, déi am Ufank vun der Sitzung deposéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Resolutioun ergräifen? D'Madamm Josée Lorsché.

**Discussion générale**

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. D'Madamm Hansen huet jo virdrun an hirer gewinnt feiner Manéier eng Geschicht hei aus der Conférence des Présidents an aus der Comexbu erzielt, déi zum Deel richteg ass, zum Deel awer och e bësselche verdréit ginn ass, muss ech emol soen. An dofir zielen ech dann och elo d'Geschicht aus eiser Perspektiv.

*(Interruptions et coups de cloche de la présidence)*

Déi éischt Feststellung ass déi, an dat ass richteg, dass d'Madamm Dieschbourg, Minister Dieschbourg, net an d'Comexbu invitéiert gi war, obwuel en Avis vun der Cellule scientifique vun der Chamber um Ordre du jour stoung, dee si direkt betraff huet. Dir wësst alleguer, dass et eng gängeg Praxis ass, dass d'Ministernen an d'Comexbu invitéiert ginn, fir kënnen Stellung ze bezéien zu deenen Avisen, déi do diskutéiert ginn, fir en Echange mat der Chamber ze hunn a fir ze kucken, wéi een da mat deenen Avisen ëmgeet. Normalerweis geet et an där Kommissioun konstruktiv zou. Ech war fénnef Joer Member an hunn déi flott Zesummenaarbecht tëschent Oppositioun a Majoritéit ëmmer extreem begréisst, well een och ka weisen, dass ee ka Politik maachen, ouni sech d'Käpp anzeshloen an ouni e Kasperletheater opzeféieren.

Hei fäerten ech elo e bëssen, dass et an eng falsch Richtung geet. Ech wëllt awer och elo nach e Fakt erzielen. D'Madamm Minister hat den Avis net gesinn, well se net invitéiert war. An dofir huet d'Conférence des Présidents gëschter gemeinsam decidéiert, och an engem gudden Toun, do ass net gestridde ginn - normalerweise schwätzt een net doriwwer, wat an der Conférence des Présidents gemaach gëtt, well och do geet et konstruktiv a fair zou, dass d'Zil vun deem Gremium -, der Madamm Minister d'Prioritéit ze gi beim Verschécke vun deem Avis, well se en nun emol net gesinn hat. A mir waren eis eens, dass dann den Avis duerno och géif publizéiert ginn, dass en offiziell gemaach gëtt um Site vun der Chamber. Déi eenzeg Suerg vun eis an awer och vun aneren Deputéierten ... och den Här Kartheiser huet fonnt, dass d'Madamm Minister d'Prioritéit misst kréien - an ech mengen, Dir och -, well se eeben den Avis nach net gesinn hat. Esou vill dozou.

Falsch ass, an dat widderleeën ech awer ganz kloer, dass déi gréng sech vun Ufank u géint eng Publikatioun ausgeschwat hunn. Dat ass ganz einfach net richteg. Mir hu just gesot: „Mir ginn der Madamm Minister d'Prioritéit, fir dass si ka reagéieren op en Avis, dee si selwer betrëfft.“ Et geet also just drëms, fair mat eiser Regierung ëmzegoen. Net méi an net manner.

**Plusieurs voix** | Très bien!





**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Eng aner Kloerstellung ass déi, datt d'Chamber scho gëschter op hirem Site offiziell iwwert d'Gesprécher an der Comexbu kommunikéiert huet. Och dat ass legitim. Dat gëtt jo oft gemaach, soudass mer domat natierlech kee Problem hunn. Et gi ganz vill Kommissiounsgesprécher resuméiert herno op de Site gesat.

Wat och stëmmt, ass, dass eenzel Deputéiert vun der Oppositoun scho gëschter Owend respektiv de Moien um 07.30 Auer, dat war, mengen ech, den Här Clement, en Interview ginn hunn oder eng Ausso gemaach hunn op RTL. Och dat ass legitim. Dat ass jo net verbueden, dass een iwwer en Dossier schwätzt. Dat war och ni esou ofgemaach. Dat Eenzezt, wat ofgemaach gi war, dat ass, dass den Avis net sollt un d'Press weidergeschéckt ginn, mee fir d'éischt un d'Ministesch an duerno un d'Press, fir datt si d'Chance hätt, ze reagéieren. Mir hunn awer misse feststellen, dass d'Press den Avis de Muere schonn hat. An ech wëll soen: Dat waren net mir, dat war en aneren, ...

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

... deen den Avis da weidergeschéckt huet a sech eigentlech net un d'Decisioun vun der Conférence des Présidents gehalen huet.

Ech weess net, wien et war. Ech ... Et kann een awer vermudden, wien et war. Mee dat ka jiddwereen dann ...

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

Et war net keen!

Duerno, ...

*(Brouhaha)*

Jo, wat huet dat domat ze dinn? Ech kommen op de Punkt.

**Une voix** | Jo.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Jo. Ech kommen op de Punkt. Dir hutt jo och d'Madamm Hansen net ënnerbrach, wéi si hei erzielt huet, wéi et gaangen ass!

**Plusieurs voix** | O!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Duerno war dunn de Kopresident, deen och Fraktiounsmataarbechter ass, vun deene Gréngen Invité op RTL an en ass op deen Avis ugeschwat ginn. Wuel wëssend, dass den Här Meris Sehovic e Mataarbechter ass vun eiser Fraktioun an den Avis kannt huet doduerch, dass en den Avis gekuckt huet, fir eis Memberen ...

*(Interruptions)*

zesummen op d'Kommissioun ze preparéieren. An ech géif emol mengen, dass Fraktiounsmataarbechter, déi, ...

**Plusieurs voix** | Nee. Nee.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Dach.

**Une voix** | Nee.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | D'Fraktiounsmataarbechter kréien och ...

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Mir hunn extra geschriwwen kritt, mir däreften en net viruginn!

*(Interruptions et coups de cloche de la présidence)*

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | D'Decisioun war, dass deen Avis net verschéckt gëtt. Dat huet en net gemaach. An da wëll ech soen: Wann en Dossier an aller Mond ass an diskutéiert gëtt, da wäert et jo awer net verbuede sinn, dass een, deen drop ugeschwat gëtt, sech dozou ausdréckt. Mir gesinn elo net, dass dat e grouse Problem ass, vu dass e mat eisen Deputéierten den Dossier preparéiert huet,

ouni en ze publizéieren. Dat ass wierklech net d'Fro. D'Fro ass éischter, wie géint d'Decisioun vun der Conférence des Présidents gaangen ass an den Dossier weidergeschéckt huet.

Jiddwerfalls ass d'Publikatioun net vun eis komm. Eise Mataarbechter huet sech un d'Reegele gehalen am Géigesaz zu deem, wat anerer gemaach hunn, déi d'Ofkommes gebrach hunn.

**Une voix** | Wee war et dann?

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Jo, ech weess dat jo net.

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

Wat gelift?

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift, ...

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Mir hunn zwee, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | ... Madamm Adehm, d'Madamm Lorsché huet d'Wuert!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Ech wollt just ...

*(Interruption)*

Ech hunn elo erkläert, dass mir Memberen an der Comexbu hunn, déi haten den Avis souwéi Är Memberen och, ...

**Une voix** | Jo.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | ... an all Deputéierten huet d'Recht, a senger Fraktioun mat de Mataarbechter ...

**Plusieurs voix** | Nee!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | ... en Dossier ze analyséieren.

*(Coups de cloche de la présidence)*

Da si mer do anerer Meenung.

*(Interruptions et coups de cloche de la présidence)*

Jo, Dir reegt Iech awer net op, dass een e verschéckt huet. Dat ass jo dann anscheinend net Äre Problem.

*(Brouhaha)*

Jo, wann Der da mengt, ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... léif CSV, dass Der, ...

*(Interruptions)*

... dass Der ...

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Da schwätzt dach zum Sujet, Madamm Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Ech wollt hei de Punkt maachen.

*(Interruptions)*

Wann Der mengt, Dir kéint dësen Avis benotzen, fir nees eng Hetzjuegd géint ...

**Plusieurs voix** | O!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | ... d'Madamm Dieschbourg ze lancéieren, ...

*(Brouhaha général persistant et coups de cloche de la présidence)*

... da beweegt Der Iech op geféierlechem Äis!

Keen aneren ...

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Hei, wannechgelift!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Dat ass den Inhalt, deen och scho vill diskutéiert ginn ass an der Lescht. Keen anere wéi den Här Minister Marco Schank hat déi selwecht legal Basis, fir d'SuperDrecks...

*(Interruption)*

Ech wollt just d'Erklärung ginn, Madamm.

... fir d'SuperDrecksKëscht ze geréieren.

*(Brouhaha)*

An et ass déi legal Basis, déi elo nach ...

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Schwätzt zu der Resoloutioun!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | ... ëmmer do ass.

*(Coups de cloche de la présidence)*

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dat do ass net zur Resoloutioun geschwat.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | A wann déi juristes Basis muss geännert ginn, da wäert d'Madamm Dieschbourg dat och maachen.

Jiddwerfalls hu mir null Problem, dass deen Avis publizéiert gëtt. Mir haten och nach keen. Mir wollten eebe just der Ministesch d'Prioritéit ginn, a sou war et och gëschter an der Conférence des Présidents.

Douzou ass alles gesot. A mir wäre frou, ...

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

... wann déi zoustänneg Ministesch an Zukunft an d'Kommissioun géif invitéiert ginn. Da géifen Hickhacker wéi dësen net entstoen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci.

### 13. Dépôt d'une résolution par Mme Josée Lorsché

#### Exposé

An dofir deposéieren ech och eng Resoloutioun, wou mer eis kloer fir d'Publikatioun ausschwatzen, mee wou kee Considerant dran ass, deen dann e Politiker accuséiert, dee sech gradwéi aner Politiker schonn ausgedréckt huet an op eng Fro geäntwert huet, déi e Journalist him gestallt huet.

#### Résolution

« Note de la Cellule scientifique au sujet de l'action "SuperDrecksKëscht" »

La Chambre des Députés,

- vu l'avis juridique demandé par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire (Comexbu) au sujet de l'action « SuperDrecksKëscht » du 11 octobre 2021 ;

- vu la décision de la Conférence des Présidents du 14 Octobre 2021 de confier cette tâche à la Cellule scientifique de la Chambre des Députés ;

- notant qu'après la présentation de la note de la Cellule scientifique, la Conférence des Présidents a décidé le 10 janvier que la note devrait être envoyée au plus vite à tous les député-e-s de la Chambre, à Madame la Ministre de l'Environnement ainsi qu'aux autres membres du Gouvernement, et ce avant toute publication ;

- notant aussi qu'à cette fin, un courrier officiel de la Chambre des Députés était seulement envoyé dans la matinée du 11 janvier 2022 ;

- considérant la communication officielle de la Chambre des Députés du 10 janvier 2022<sup>1</sup> ;

- considérant les déclarations publiques de plusieurs député-e-s de l'opposition le soir du 10 janvier et le matin du 11 janvier 2022 ;

- considérant que des journalistes ont, dans la matinée du 11 janvier, proclamé avoir eu accès à l'avis juridique de la Cellule scientifique,



décide

- de rendre ladite note immédiatement accessible au public.

(s.) Josée Lorsché, Gilles Baum, François Benoy, Yves Cruchten.

<sup>1</sup> <https://www.chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Actualite/ALaUne?current=true&urle=wcm%3Apath%3Aactualite.public.chd.lu/ST-www.chd.lu/so-actualites/59070ddd-1512-43ff-937c-53d1d6748d6d>

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lorsché.

## 14. Résolution de Mme Martine Hansen relative à la note de la Cellule scientifique au sujet de l'action « SuperDrecksKëscht » (suite)

### Discussion générale (suite)

An da kritt den honorabelen Här Sven Clement d'Wuert, dee fir d'éischt d'Wuert gefrot hat. An duerno ass et um Här Roth. An duerno ass et un der Madamm Diane Adehm. Här Roth, hei geet et schéin der Rei no!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Well ech och namentlech genannt ginn, wëll ech dann awer déi Geschicht och completéieren. Well wat d'Madamm Lorsché ausgeloozt huet, ass, dass ech scho gëschter während der Sëtzung deklaréiert hunn, dass ech vun der Press kontaktéiert gouf, dass ech no der Sëtzung direkt der Press och gesot hunn, dass ech näischt kéint soen, och net iwwert d'Konklusiounen, an dass ech mech an der Conférence des Présidents och opgereegt hunn, dass d'Chamber iwwert d'Resultat kommunizéiert hätt. Wéi ech aus der Conférence des Présidents erausgaange sinn, hunn ech natierlech dunn déi Journalisten, déi mech virdru fir e Statement gefrot haten, zréckgeruff. An ech hunn deenen dunn och genau dat gezielt, wat um Site vun der Chamber stoung, näischt doriwwer eraus!

Doraus also elo eppes anescht wëllen ze dréien, fanne ech speziell. An et ass d'Pressefräiheet vun all eenzelne Journalist, fir ze entscheeden, wat e mat deenen Informatiounen mécht. Ech mengen, Reporter. Iu huet jo och eng vun Äre Memberen zitéiert, an dat sinn anscheinend déi eenzeg, déi d'Dokument gesinn haten.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Wat en Zoufall!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech denke mer do e bëssen: D'Madamm Lorsché kënnt hei eraus, an dat éischt, wat se seet, ass: „Mir waren et net!“ Do kënnt mer de Bonmot e bëssen an de Kapp: « Qui s'excuse s'accuse! »

**Plusieurs voix** | O!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Virun allem, ...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Virun allem wëll ech do awer soen: Wat d'Madamm Lorsché nämlech net gesot huet, ass, dass an deem Mail - mee se ass entschëllegt, si ass jo net Member vun der Comexbu, dofir krut si dee Mail gëschter net, mee eréischt haut -, dee Mail, dee mer kruten, éier mer de PDF kruten - well de PDF war e separate Mail, mir kruten am Ganzen zwee E-Mails -, am éischte Mail stoung, dass dat Dokument « vous est envoyé à titre personnel ». Also ech weess net, wéi een „à titre personnel“ anescht interpretéiere ka wéi „fir dech perséinlech a fir soss keen, net fir deng Mataarbechter, net fir een aneren!“

Den Här Roth huet gëschter an der Kommissioun gezielt, an ech mengen, e wäert et herno och nach eng

Kéier zielen, dass en Angscht hat, säi Computer géif sech zerstéieren, wann en et och nëmme géif deelen.

(Hilarité)

Also mir hunn dat eescht geholl! Dat ass jo net, ...

(Interruptions)

Mir, mir ... Et ass seelen, dass d'Chamber en Dokument verdeelt, wat esou markéiert ass. Ech hu bis elo keen esou en Dokument hei gesinn an deene leschten dräi Joer. Mir hunn des Kéier en Dokument kritt mat Filigrane, mat engem perséinleche Code drop, wou e Mail virdru koum: « envoyé à titre personnel ». Also ech weess net, wat do onkloer ass, dass dat net war, fir mat aneren doriwwer ze diskutéieren. An do ass et mer egal, ob dat de Poopst oder e Parteimat-aarbechter ass!

An dann déi bëlleeg Attack op 2005, do huet Är Historikerin gëschter an der Comexbu scho wollten drop agoen, dass deemools schonner aner Leit do Feeler gemaach hunn. Warscheinlech war et och deemools scho falsch, mee dee Kontrakt, iwwert deen hei geschwat gëtt, deen ass vun 2018 an net vun 2005. An 2018 hätt ee sech vläicht eng Kéier kënne rensengnéieren, wat déi aktuell Gesetzesbasis wär!

Mir sti fir Transparenz, mir stëmme wat och ëmmer, mir stëmme Är Resolutioun mat, mir stëmme déi aner Resolutioun mat. Mir wëllen, dass deen Text do verëffentlecht gëtt, da si mer fäerdeg, da ka jiddweree sech eng Meenung bilden, mir kënnen um Text diskutéieren, anstatt dass ech mech muss op dat baséieren, wat um Chambersite steet.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement. An dann ass et un där honorabeler Madamm Diane Adehm.

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Merci, Här President. Vu dass d'Comexbu ugeschwat ginn ass, géif ech da gären erzielen, wéi dat doten zustane komm ass.

Mir haten an der Comexbu eng Ufro vun engem Deputéierten, fir juristesche klären ze loossen, wat d'gesetzlech Grondlag wier vum Kontrakt, deen 2018 ënnerschriwwen ginn ass: d'SuperDrecksKëscht mat OSL. Doropshin hu mir als Comexbu zréckbehalen, fir d'Cellule scientifique vun der Chamber ze chargéieren, fir dat doten ze maachen.

D'Demande ass vum Här Roth ausgaang. Deemools huet den Här Benoy, a senger Fonctioun als President vun der Ëmweltkommissioun, mech ugeruff a mir bal de Kapp ofgerappt, dass ech dat als Presidentin vun der Comexbu zougeloozt hunn. Dunn hunn ech gesot: „Wa bei mir e Member an der Kommissioun eppes freet, dann decidéiert d'Kommissioun dat unanime“, well mir dat unanime ëmmer decidéieren, an entweeder gëtt et gemaach oder et gëtt net gemaach. Den Här Di Bartolomeo ass mat de Reserve vun de Spideeler komm, mir hunn doriwwer diskutéiert, et ass gemaach ginn an et ass diskutéiert ginn. Den Här Kartheiser ass mam LST komm, mam Rapport, deen d'Cour des Comptes maache sollt, dat ass gemaach ginn. D'Comexbu fonctionéiert ëmmer unanime! Mir probéieren allkéiers, fir e Konsensus ze fannen an där Kommissioun, dass mer eis eens sinn, wéi wat wou.

Hei ass unanime an der Kommissioun decidéiert ginn, fir deen Avis juridique unzefroen. Zwou Froen waren et. Et war och nach, ob d'Gesetz vun 2005 kéint als Loi spéciale betruecht ginn, fir de Kontrakt zwëschen der SuperDrecksKëscht an OSL ze maachen.

Dunn hu mer, Här Benoy, gemeinsam en Datum festgeluecht, Är Kommissioun a meng Kommissioun, fir

iwwert deen Avis ze diskutéieren, wann en dann do wier. Dunn, an Tëschenzäit ass et awer esou gewiescht, dass deen Avis dann eng Kéier sou gutt wéi virlouch, an dunn hunn ech als Presidentin vun der Comexbu signaliséiert kritt vun der Chamber, wat mir als Comexbu unanime decidéiert haten, mat Iech zesummen déi Jointe ze maachen.

Mee dunn huet et geheescht, d'Cellule scientifique kéim gären eng Kéier bei eis an d'Kommissioun, fir eis a Rou den Avis virzustellen, dass mer eng Kéier kéinten doriwwer diskutéieren - just diskutéieren -, dass si eis kéinte soen, wéi wat wou.

Dunn hu mir als Comexbu unanime - unanime! - festgehalten, dass mer déi Reunion da géifen eng Woch virdru maachen. Dat war dat Mandat, wat mir als Comexbu haten. Do hunn ech mech dru gehal.

Dunn hutt Dir, Här Benoy, mech zwëschen Dier an Aangel ugehal a gemenzt, dass Dir misst do derbäi si mat Ärer Kommissioun an dass d'Madamm Minister misst derbäi sinn. Dunn hunn ech Iech gesot, Här Benoy: „Ech hu kee Mandat vu menger Kommissioun, fir dat doten ze maachen.“ En plus hunn ech aus der Chamber signaliséiert kritt, dass deen doten Avis och eng Propriétéit vun der Comexbu wier, well mir den Avis ugefrot hunn, an dass et geheescht huet, deen Avis, dee wär confidentiel, bis dass mir en an der Comexbu diskutéiert hätten.

Doropshin hunn ech do gesot: „Wann den Avis esou confidentiel ass, da kommt, mir ginn hin a mir setzen e Waasserzechen drop! Da wësse mer, dass och jiddwereen dat dote kritt huet.“ Dat hu mir dunn och als Comexbu gemaach. An deen Avis ass e Freideg de Mëtteg um 16.00 Auer un all Member vun der Comexbu perséinlech geschéckt ginn, mam Dénge, dass et à titre tout a fait confidentiel wier.

Mir hu gëschter doriwwer diskutéiert, wat mer mat deenen Avisa maachen. Mir hu festgehalten an der Comexbu, dass mir eng Demande un d'Conférence des Présidents stellen, fir den Avis éischters mat sämtlechen Deputéierten hei am Haus ze deelen - mat sämtlechen Deputéierten! -, a mir hu festgehalten, dass deen Avis souwuel un d'Madamm Dieschbourg wéi och un d'ganz Regierung geet, well den Avis nämlech vill méi wäit geet wéi just d'SuperDrecksKëscht. An do ware mer eis alleguerten eens a mir hu gëschter an der Kommissioun festgehalten, dass mer d'ärfen iwwert d'Kommissioun schwätzen, dass mer d'ärfen iwwert den Inhalt vun den Avisa schwätzen, mee dass mer d'Avisen net d'ärfen weiderreechen un d'Press.

Ech ka just soen: Ech hu mech dru gehalen!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Mir och!

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Ech hat gëschter een eenzege Pressevertreter um Telefon, dat war ee vum 100,7. Ech hunn dem Mann emol net gesot, dass et u sech dräi Avisa waren, well mer gesot hunn, et misst fir d'éischt emol mam Ministère gekläert ginn, ob si iwwerhaupt d'accord sinn, dass hiren Avis, dee si gemaach hunn, och u sämtlech Deputéiert weidergeet, an et misst gekläert ginn, ob deen Avis kéint erausgoen. Duerfir hunn ech deem gudde Mann vum 100,7 mol net vun deenen dräi Avisa geschwat. Ech hu just vun engem Avis geschwat, och net vun deem vum Affekt, dee mer dobäileien haten.

Ech muss awer soen: Wann ech dann de Moien um Radio eng Persoun héieren, déi weeder Deputéierten ass nach Member vun der Regierung, déi seet: „Ech hu gëschter déi Avisa nach eng Kéier gelies“ - nach eng Kéier gelies! -, mee da ka mir nach just de Kënn erofklappen. Da soen ech: Mee si mir d'Idioten hei, déi sech un alles halen, ...





**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Diane Adehm** (CSV) | ... an aner Leit, déi kënnen alles ...

**Une voix** | Ganz richtig!

**Mme Diane Adehm** (CSV) | ... fräi liesen an da kënnen se op de Radio goen an driwwer schwätzen? An da liesen ech de Mëtteg Reporter.lu, an da kucken ech doran, do steet op Reporter.lu: „En Avis, deen eis virläit.“ Ben, ech kann nach just staunen. Ech ka just staunen. Ech weess ...

*(Interruptions)*

Mee, mengt Dir elo, meng Leit hätten et weiderginn?

*(Interruptions)*

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Firwat mengt Dir dann, datt mir et weiderginn hunn?

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Also Madamm, ...

*(Interruption)*

... Madamm Bernard, deen Artikel vu Reporter.lu, dee Journalist huet just mat Iech geschwat.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Jo. An?

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Da weess ech net, wien him den Avis ginn huet! Ech stelle fest, dass Dir déi eenzeg Deputéiert sidd, déi an deem Avis ernimmt ass! Punkt.

Voilà! Esou vill wollt ech zur Comexbu soen, fir einfach eng Kéier ze klären, wéi déi Reunion gëschter zesummekomm ass. Dat ass eng Reunion, déi vun der Chamber ugefrot ginn ass, vun der Cellule scientifique. An et ass gesot ginn, mir wiere Proprietär vum Dokument als Comexbu. A gëschter hu mer verschidde Richtlinn festgehalen, an dat hutt Dir an der Conférence des Présidents gekläert. An ech stelle just de Moie fest, dass ... bon, ech ka fir mech schwätzen, ech hu mech un alles gehal. Mee bei Iech hu Leit, déi net Deputéiert an net Member vun der Regierung sinn, déi hunn den Avis manifestement gelies an déi sinn doriwwer op de Radio schwätze gaang.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Adehm. An da ginn ech d'Wuert ... normalerweise ass d'Riedezäit vun der CSV-Fraktioun opgebraucht!

**Une voix** | O!

**M. Fernand Etgen**, Président | An duerfir ...

*(Brouhaha)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Et sinn zwou Resolutiounen, Här President.

**M. Fernand Etgen**, Président | ... ginn ech fir d'éischt d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

*(Brouhaha)*

**M. Gilles Roth** (CSV) | Fait personnel!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Nee, Här Roth, Dir waart zwar net zitëiert gewiescht.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Dach, dach, dach.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Fir Fait personnel ass am Fong den Här Benoy zitëiert ginn.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Et sinn zwou Resolutiounen, Här President.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President, et ass e Fait personnel, well d'Madamm Adehm hat mech zitëiert.

**Plusieurs voix** | O!

*(Hilarité et brouhaha général)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, ech bieden Iech, ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Dann diskutéiert dat an Ärer Fraktioun aus!

**M. Fernand Etgen**, Président | Jo kommt, ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo.

*(Interruptions)*

Neen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir sinn hei an der Chamber, Här Roth, wëll ech Iech soen!

*(Hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Ganz richtig.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | An hei geet et no gewëssene Reegelen.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Ganz richtig, Här Präsident!

**M. Gilles Roth** (CSV) | D'Madamm Adehm ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Sot deene Gréngen déi Reegele mol, ier se Dokumenter weiderginn.

**M. Gilles Roth** (CSV) | D'Madamm Adehm huet hei ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | An ech hat den Här Roth zitëiert!

**M. Gilles Roth** (CSV) | D'Madamm Adehm huet mech zitëiert, andeem se gesot huet, dass ee Member vun der CSV-Fraktioun - an do huet se gesot: Den Här Roth -, sech net getraut hätt, engem Mataarbechter den Avis weiderzeschicken. An dat ass och esou de Fall. Mee just zu de Fakten: Dat, wat d'Madamm Lorsché ...

*(Interruption)*

... gesot huet, ass faktuell falsch.

**Une voix** | Jo.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Dat ass faktuell falsch. De Freideg ass en Dokument un d'Membere vun der Comexbu gaang. An do waren déi zwee Avisen dran, den Avis vun der Cellule scientifique vun der Chamber an den Avis vun dem Maître Steichen. Dat ass dat Dokument hei. An op deem Dokument, wat effektiv mat engem Code vun dem Service vun der Chamber un déi 15 Deputéiert weidergeschéckt gouf, do steet drop: « L'usage du présent document est strictement réservé aux députés. »

**Une voix** | Voilà!

**Une autre voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | « Il ne doit pas être diffusé. »

Also heescht dat fir mech ganz kloer, dass jiddweree vun deene 15 Deputéierten aus der Comexbu, dass dat fir deen eenzelnen Deputéierte war an dass et net där diffuséiert ginn. Also hat den Här Sehovic, och wann e Kopresident a Mataarbechter vun der Fraktioun vun déi gréng ass, net d'Recht op dat Dokument!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Punkt!

**Une voix** | Très bien!

**Une autre voix** | Ganz gutt!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Den Här Sehovic huet de Moien, och zu mengem Erstaunen, ech muss Iech dat ganz éierlech soen - ech war net deen eenzege bei eis

aus der Fraktioun -, deklaréiert, a mir hunn de Verbatim hei elo: „An ech hu mer déi Avis-juridiquen“ - dat sinn also déi zwee - „déi Der zitëiert hutt“ - dat huet en dem Journalist gesot - „gëschter nach eng Kéier ugekuckt.“ A „gëschter“ war also e Méindeg. Dat heescht, manifestement hat den Här Sehovic en Dokument, wat him net zougänglech war, weeder als Persoun, weeder als Kopresident vun deene Gréngen nach als Mataarbechter vun der Fraktioun vun deene Gréngen, well dat Dokument war strictement reservéiert, sou wéi et hei steet, fir déi 15 Deputéiert, déi Member si vun der Comexbu.

Dat ass also dat, wat ech der Madamm Lorsché ... Ech muss ganz éierlech soen: Mir hate bis elo en Débat serein. Mee ech muss Iech soen: Dat, wat Der hei behaupt hutt, dat ass faktuell falsch. An ech kann och net akzeptéieren, ...

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... Madamm Lorsché, dass, wann Der widdersprach kritt, dann ëmmer déi Matleedstour do kënnt. Wësst Der, dat hate mer an der Affär vum Gaardenhaischen Traversini: Wann näischt méi gaangen ass faktuell, da war et ëmmer: „O, elo gëtt déi aarm Ministesch do geholl!“ Da war et dat selwecht bei der Moulin de Dieschbourg, et war horgenaue dat selwecht. An dat selwecht kënnt bei der SuperDrecksKëscht. An et geet hei ...

Dat hei ass een Aspekt, dass ee misst e Gesetz maaichen. Mee Dir wësst ganz genee, dass et hei ëm vill aner Saache geet. Well et ass fir d'Leit dobaussen a fir d'Deputéiert ... An dat ass dat Grondrecht vun engem Deputéierten, besonnesch vun der Opposition, dass et net ka sinn, dass hei 97 Milliounen Euro - 97 Milliounen Euro, dat ass bal de Präis vun engem Lycée! - un eng Gesellschaft, un eng Asbl verdeelt ginn.

An enger Summervakanz gëtt dee Marché ausgeschriwwen. E gëtt esou ausgeschriwwen, dass nach muss eng Akademie mat erageholl ginn, dass net eenzel Servicer ausgeschriwwen ginn. An an där Akademie, wësst Der, wien do agestellt ass? Dem Direkter vun der Ëmweltverwaltung säi Jong, wou de Chef vun där Gesellschaft, déi den Optrag kritt, de Pätter ass. Wann Der dat normal fannt hei zu Lëtzebuerg, da muss Der dat soen. Mir fannen dat net normal. An dat do, niewent allen anere rechtlechen Aspekter, hätte mir als CSV-Fraktioun gären opgekläert! Dat kann een elo aux calendes grecques versichen, als Majoritéit 31 géint 29 erauszezögeren, mee mir kucken deem Spill do net méi no! Hei ass ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... festgesat ginn, ...

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Hei ass vun zwee Avis-juridiquen festgesat ginn, dass mer de Moment an enger Illegalitéit sinn. A wann ech als Minister wësst, dass ech an esou enger Situatioun, enger Illegalitéit sinn, da géif ech net nach kucken, fir dat do eraus- an eraus- an erauszeschiben. Well all aner Suen, d'Denier-publicken, dat sinn der iwwer 10 Milliounen d'Joer, déi ausgi ginn, déi ginn op enger illegaler Basis ausginn. Jo, op enger illegaler Basis! Souguer de Maître Steichen seet, de Kontrakt wier null und nichtig. Mir sinn als CSV der Meenung, dass een déi Situatioun kann iwwer e Gesetz regulariséieren, mee da muss voll Transparenz spillen. An déi voll Transparenz, déi ass hei weeder vum Ministère ginn, dat kënnen mer net erkennen, nach gesi mer, dass se hei vun der grénger Fraktioun net spille gelooss gëtt. Mir kucken deem Spill hei net no. Mir wäerten deen Debat hei féieren. A wann et net zu enger Konklusioun zu der Ëmweltverwaltung kënnt an der



Kommissioun, an der Comexbu, da wäert en hei gefouert ginn. Noutfalls wäert en an enger Enquêtekommissioun gefouert ginn!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth. An dann huet d'Wuert gefrot: den honorablen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo. Villmools merci, Här President. Wann den Här Roth awer elo net geschwat hätt, mengen ech, dann hätt ech en zitëiert, fir datt e kann herno de Fait personnel maachen.

*(Interruption)*

Mee ech sinn awer elo ganz frou, datt e konnt dee Standpunkt huelen. An der Substanz, dat wëll ech awer hei kloer soen, ass d'ADR der selwechter Meinung wéi dat, wat den Här Roth elo gesot huet.

Dat hei ass eng Affär, déi mer net kënnen op sech beroue loossen. Mir hunn hei ganz vill Onkloerheeten. Déi Ausschreibungsmodalitéite mussen nogekuckt ginn. Et stelle sech eventuell och penal an aner Froen. A wa mer elo kloer gesinn, da mussen mer Konklusiounen zéien.

Also ech wëll och hei ganz kloer de Message un d'Kolleege vun der grénger Fraktioun ginn, do gi mer der Saach op de Fong. Ech mengen, et muss een all Konklusiounen zéien, déi sech imposéieren.

Wat déi Saach elo ugeet, déi mer elo diskutéieren, wëll ech just e puer Kommentare maachen, well d'Madamm Adehm hat an hirer Interventioun scho bal alles gesot. Ech wëll soen: Deen éischte Reproche, deen d'Madamm Lorsché eis jo hei gemaach huet, ass, datt d'Madamm Dieschbourg net invitéiert gi wär, an dat wär contraire zu der Praxis vun der Comexbu iwwer all déi Joren. Mee et ass jo awer esou, datt eng gemeinsam Sëtzung soll d'nächst Woch stattfannen. Mir haten dat jo gëschter an der Comexbu diskutéiert. Mir hu gesot: „Et ass wichteg, datt d'Madamm Minister dat ka kucken.“ An déi Sëtzung soll d'nächst Woch sinn. Et wor also zu kengem Abléck d'Intentioun vun iergendengem, fir d'Madamm Minister do net ze invitéieren, fir datt se net kéint Stellung huelen. Also dat ass absolutt net de Fall gewiescht. D'Madamm Minister wor selbstverständlech invitéiert mat Datum an esou weider. Do wor guer kee Problem.

Dat Zweet, wat een awer muss soen, dat ass, datt een déi Stellungnamen, déi déi eng oder déi aner geholl hunn... Do kann een natierlech, dat wor jo och gëschter an der Comexbu esou gesot ginn, iwwert den Dossier schwätzen. Dat ass iwwerhaupt kee Problem. Ech mengen, et ware verschidde Kolleege hei, déi Interviewe ginn hunn. Dat wor absolutt an der Rei. Dat contestéiert kee Mënsch. Wat awer net geet, dat ass, datt een e confidentiell Dokument virugëtt. An do muss ech all meng Virriedner Recht ginn, déi dat soen! Dat ass eng Prinzipiesach. Mir haten an der Chamber schonn e puermol déi Diskussioun, datt Saachen net sollen an de Medien erschéngen, wa mir driwwer diskutéieren. Dat wor am Covidossier schonn e puermol de Fall. Dat kann och an anere Saachen de Fall gewiescht sinn. Mir hunn als Chamber eng Kredibilitéit ze verdeedegen. Mir hunn eng Confidentialitéit ze respektéieren. Et ass net akzeptabel, datt Dokumenter, déi hei als confidentiel ugesi ginn, oder Diskussiounen, déi hei als confidentiel ugesi ginn, op d'Place publique gedroe ginn, datt Saache virugi ginn. Dat geet net!

An ech wëll de Kolleege vun där grénger Fraktioun ganz daitlech soen: Si hunn de Feeler gemaach. An et

geet net, an ech soen Iech, firwat et nach net geet, well ausgerechent och nach déi Fraktioun, déi hei hir Ondiskretioun muss zouginn - well et gëtt jo keen anere Wee, wéi dee Feeler do anzegestoen -, et ass och nach ausgerechent déi gréng Partei, déi d'Dossiere wéi d'Verdeedegung, wéi d'Sécurité intérieure an der Regierung muss geréieren. Da kënn natierlech d'Fro op: Wéi diskreet sidd Der dann an esou Dossieren? Also op jidde Fall, mengen ech, hutt Dir haut e groussen Deel vun Ärer Kredibilitéit heibanne verluer.

Nach déi lescht Bemierkung, wat d'Madamm Minister ugeet. Do ginn ech och komplett all deene Recht, déi gesot hunn: „Mir müssen dat kucken, wat elo do op si zoukënn.“ An et ass och esou, da loosst mech vläicht domadder ofschléissen, datt mir als ADR och gëschter derfir plädéiert haten, datt mer sollte fir d'éischt mat der Madamm Minister schwätzen. Dat wor eng pur Consideratioun vun Héiflechkeet vun der Reciprocitéit vun de Formen. Well mir verlaange jo och als Chamber, datt, wann iergendeen Dossier diskutéiert gëtt, d'Regierung fir d'éischt bei eis kënn, ier se un d'Press geet, an ëmgekéiert. Dat wor op jidde Fall déi Positioun, déi mir gëschter vertrueden hunn. Et wor eebe just, datt mer sollte mat der Madamm Minister den Dossier diskutéieren, ier mer e publizéieren. Dat wor eng Saach vu Reciprocitéit vun de Formen, vun Héiflechkeet.

Bon, et ass elo anescht gelaf. Den Dossier ass dobaussen. Mir sollten e selbstverständlech dann och publizéieren. Mee dat, wat hei geschitt ass, ass kloer eng Responsabilitéit vun der grénger Fraktioun. A mir wäerten iwwert déi ganz Fonge vun deenen Ausschreibungen, vun deem ganzen Dossier Super-DrecksKëscht nach am Detail schwätzen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An dann huet d'Madamm Djuna Bernard d'Wuert gefrot.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech si Member vun deene Gréngen an der Comexbu an ech hunn an där Foncitoun, déi ech elo säit dräi Joer ausüben, den Dossier e Méindeg de Moien an der Fraktioun préparéiert. Ech hunn deen Dossier mat eise Mataarbechter préparéiert, wou ech mech op d'Sëtzung virbereet hunn, fir en toute connaissance de cause gutt préparéiert a professionell an déi Comexbu eranzegoen. An där Qualitéit hunn ech eng Rei Froe gestallt. Mir haten e ganz sereinen a gudden Debat an där Comexbu. Duerno hunn ech den Debriefing gemaach no där Comexbu. A mir hunn eeben och nach eng Kéier opgeschafft, wat elo de Punkt ass, wat d'politesch Suite sinn. Deementspriedend, mengen ech, hunn ech meng Aarbecht als Deputéierten an deem Dossier esou gemaach, wéi ech mengen, datt se no mengem beschte Wëssen a Gewëssen richteg war.

Ech fannen et ganz, ganz wichteg, an dat dierf een elo an där hëtzegeger Diskussioun, mengen ech, net vergiessen, dass et hei an éischter Linn drëms geet, dass mer zwee nei Avisen hunn, déi e Constat maachen. Dee Constat deele mir. Deen hu mer och an der Comexbu gedeelt. An do hanken elo eng ganz Rei Saachen drun, déi mussen fir d'SuperDrecksKëscht, mee awer och driwwer eraus en place gesat ginn

Deementspriedend ass et fir mech ganz, ganz wichteg gewiescht, dass ab deem Moment, wou mir an der Comexbu iwwert d'Avis geschwat hunn, déi diskutéiert hunn, natierlech d'Ministesche direkt a sou schnell wéi méiglech muss deen Avis kréien. Dat hunn ech och an der Kommissiounssëtzung gesot. Well nëmmen, wa si en toute connaissance de cause

vun deenen Avisen ass, ka si och hir Verantwortung als Ministesch zu deem Sujet huelen. An ech muss leider mat Bedauere feststellen, dass et relativ laang gedauert huet, bis d'Ministesche - haut érischt - deen Avis kritt huet. Dat ass natierlech an deem Sënn problematesch, dass mer entre-temps, an dat gouf jo gutt retracéiert, eng ganz Rei Stellungname vis-à-vis vun der Press haten. Wéi gesot, dat ass de bonne guerre.

Ech selwer hunn de Mëtten och mat engem Journalist driwwer geschwat, gradso wéi aner Kolleege a Kolleegeinnen och. Dat contestéieren ech net. Ech fanne just, an dat, mengen ech, ass an der Saach einfach dat Wichtigst, fir datt mer virukommen, datt d'Ministesche och en toute connaissance de cause op den Dossier ka reagéieren. An där Optik hu mer net méi spët wéi nächst Woch e Méindeg eng hoffentlech gradesou konstruktiv Diskussioun, wéi mer se an der Comexbu haten, mat der Ëmweltkommissioun a mat der Ministesch, wou ech och iwwerzeegt sinn, dass se wäert op deem Punkt agéieren an den Avisen Rechnung droen. Dat iwwerloossen ech hir an der Diskussioun, déi mer dann d'nächst Woch hunn.

Ech stellen awer fest, dass mer elo an deene leschten net grad 24 Stonne scho vill Stellungnamen dozou hunn. Ech fannen et wichteg, fairnesshalber, datt d'Ministesche och ka Stellung huelen an datt se deementspriedend schnell deen Avis kritt. Ech fannen awer och, aus Transparenzgrënn, vis-à-vis vun der Press, vis-à-vis vun all deem, wat an deene leschten zwelef Stonne geschitt ass, dass dowéinst den Avis soll public gemaach ginn, dass jiddwereen en toute connaissance de cause vun deenen Texter ka seng Interviewe ginn, ka seng politesch Konklusiounen zéien an d'Press hir Aarbecht ka maachen. An deem Sënn proposéiere mer eeben, dass do kann agéiert ginn, dass dat elo transparent gemaach gëtt, fir dass mer an der Saach, um Fong kënnen weiderkommen. Well ech spieren hei, et gëtt vill de Mann gespillt. Kommt, mir spillen ...

*(Brouhaha)*

Kommt, mir spillen de Ball! Kommt, mir këmmen eis ëm d'Inhalter, dass mer deem entspriedend Rechnung droen an déi ganz Saach kënnen verbessern.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Bernard. An dann hunn ech nach zwou Demandes de parole pour fait personnel. Fir d'éischt den Här Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo. Villmools merci fir d'Wuert, Här President. Ech wollt och kuerz Stellung huelen, well d'Madamm Adehm elo gesot huet, ech hätt hir bal de Kapp ofgerappt an engem Telefonat. Also ech weess net, Madamm Adehm, wéi Der dorop kommt, dat esou ze behaapten. Ech mengen, vill Leit hei am Sall kenne mech als e ganz rouegen a ganz feinen a frëndlechen.

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

Dat heescht, ech hunn Iech, Madamm Adehm, ugeruff, nodeems mer den Dossier vun der SuperDrecksKëscht e puermol an der Ëmweltkommissioun haten an d'Leit aus menger Fraktioun aus der Comexbu mer eebe rapportéiert hunn, dass Der am Divers driwwer geschwat huet. Ech hunn Iech dann ugeruff fir ze verstoen, wouërms et do geet. Ech sinn elo e puer Joer an der Chamber, kennen awer net all d'Detailer der-vun. Dofir hunn ech Iech als Presidentin, Madamm Adehm, ugeruff, fir dee Fonctionnement ze verstoen. An dat war e ganz normaalt, kollegiaalt Gespréich, wat mer do haten. An ech hunn et nullement esou am





Kapp, wéi Dir et elo hei duergestallt hutt a wat duerno d'Suite dovü war.

*(Interruption)*

Wat mir duerno wichteg war, dat war, dass mer eebe grad déi Diskussioun zesummen féieren, engersäits an der Ëmweltkommissioun zesumme mat der Comexbu weider, sou wéi mer an der Ëmweltkommissioun schonn iwwert den Dossier geschwat hunn, a virun allem och zesumme mat der Ëmweltministesch. An deem Sënn hunn ech Iech och gefrot ... Meng perséinlech Meenung war, dass et sënnavoll gewiescht wär, wa mer an där Reunion vu gëschter schonn d'Ëmweltkommissioun an och d'Ministesch dobäi gehat hätten, fir dass mer hätte kënnen zesummen driwwer diskutéieren, fir dass jiddwereen dann deen nämmlechte Wëssensstand gehat hätt. Well eng ganz Rei vun Informatiounen ...

*(Interruption)*

... a Rasonementer, déi gëschter gemaach gi sinn, hunn aner Memberen hei aus dem Haus net matkritt. An eigentlech, éierlech gesot, wa mer elo kucken, wat mer an deene leschte 24 Stonne fir en Hickhack hei haten, da fannen ech, dass et eigentlech vill méi sënnavoll gewiescht wär, wa mer et esou gemaach hätten, wéi ech et proposéiert hunn, nämlech, dass mer an der éischter Sitzung all Mënsch dobäi gehat hätten. Dann hätt jiddwereen deen nämmlechte Wëssensstand. Mir hätten allegueren d'Froe kënnen diskutéieren a mir hätten eebe grad net deen Hickhack gehat, dee mer elo hei hunn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. An da geet d'Wuert fir Fait personnel un d'Madamm Lorsché ... Nee net méi. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo. Merci, Här President. Also ech sinn elo grad bal vum Stull gefall, ...

*(Interruption)*

... wéi d'Madamm Bernard gesot huet, dass d'Madamm Ministesch den Avis eréischt haut kritt hätt.

*(Interruption)*

Ech war gëschter Owend op e Concert vun der franséischer Ambassade invitéiert, wou ech duerch Zoufall nieft engem héije Beamten aus deem betraffene Ministère souz. A komescherweis, an do waren nach keng Presseberichte dobaussen, woussst deen héije Beamte scho vun deenen zwee Avisen!

*(Interruption et hilarité)*

Also stellen ech mer dann awer d'Fro, ...

*(Brouhaha et hilarité)*

... wéi mer dann elo sollen hei zielen, ...

**Une voix** | Dat heescht, Der hutt mat deem doriwwer geschwat?

*(Interruption)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... dass deen Avis eréischt vläicht per Courier um offiziellen, um laangen Déngschtwee haut bei der Madamm Ministesch ukomm ass. Ech stellen awer fest, dass dat, wat ech gëschter Owend schonn ze héiere krut, ...

**Une voix** | Ënner Confidentialitéit.

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... éischter dovunner ze schwätze schéngt, dass zumindest verschidde Leit ... Ech weess net, ob d'Madamm Ministesch en du scho gelies hat, mee ech weess awer zumindest, dass en héije Beamte vun hirem Haus scho gëschter Owend Kenntnis vun deenen zwee Avisen hat a mer dunn och scho gesot huet: „Mir sinn anerer Meenung wéi déi Avisen, déi Dir do gesinn hutt.“

*(Interruptions)*

Also dat gesot, falen ech awer hei e bësse vum Stull, wann elo gesot gëtt, dat wär alles ganz secret gehale ginn, well scheinbar war dat net de Fall.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. An dann huet d'Madamm Cecchetti d'Wuert gefrot.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo. Just ganz kuerz. Also ech sinn net an där Kommissioun, mee ech sinn awer an enger anerer Kommissioun. An ech hätt et och méi sënnavoll fonnt, wann et eng Jointe gi wier. Mee d'Madamm Adehm huet jo awer elo erkläert, firwat dat net de Fall war.

Ech muss soen, dass ech an der Conférence des Présidents och bal vum Stull gefall sinn, well ech vun där ganzer Geschicht näischt matkritt hunn.

*(Interruptions)*

Wannechgelift, wann hei ee schwätzt, da lauschtert och wannechgelift no!

*(Brouhaha général)*

Ma et ass awer wouer!

Mee geet et?

**M. Fernand Etgen**, Président | Wann d'Madamm Cecchetti mat eppes Recht huet, dann huet se mat deene leschten zwee Sätz, déi se gesot hunn, Recht.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert. A wannechgelift, lauschtert der Madamm Cecchetti elo no.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech hunn nämlech nach jiddwerengem elo hei nogelauschtert. Da wënschen ech mir och dee Respekt, wann ech eppes ze soen hunn, dass ee mir och nolauschtert.

**Une voix** | Très bien!

*(Brouhaha)*

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | An ech muss soen ...

*(Interruptions)*

... an ech muss ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | ... dass Dir vum Stull gefall sidd.

**Une voix** | O Mamm!

*(Interruptions)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Nach ëmmer huet d'Madamm Cecchetti d'Wuert, a soss keen!

*(Interruptions)*

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President.

Ech muss just soen ech hunn elo dëser Diskussioun ganz gutt nogelauschtert an ech fannen awer, dass déi gréng Partei, déi jo dann awer hei sech e Selbstgol geschoss huet, der Oppositioun wëllt d'Schold ginn. Mir géifen d'Fra oder de Mann spillen. Et gëtt jo ëmmer gesot, de Mann spillen, mee hei spille mer jo dann d'Fra, d'Ministesch. Dat ass jo iwwerhaapt net wouer. Ech mengen, dee ganzen Hickhack mat der SuperDrecksKëscht leeft scho vill méi laang.

Ech sinn elo immens frou, dass deen Avis do ass an ech deen elo och kann a Rou duerchliesen, zesumme mat deem zweeten an deem drëtten Avis, dass ech deen dann elo och kann a Rou mat mengen Attaché-parlementaire préparéieren, well ech hu jo dann och dat Recht, déi mat deenen ze préparéieren. An da wäert ech och eng Stellungnam dozou huelen. An ech

wäert dann och an der Kommissioun eng Stellungnam dozou huelen. Ech huele jo un, dass ech dat elo, op deem Stand, wou mer sinn, wou d'ganz Press scho Bescheid weess, dass ech dann och kann à tête reposée mäin Dokument viruleeden.

Ech hunn iwwerengs elo grad probéiert, ob een et kéint erausdrécken, an hunn et emol net méi erausgedréckt kritt. Ech hunn Iech jo och e Mail geschéckt, dass dat do jo wierklech ganz léif ass, dass mer déi Confidentialitéit do nach eng Kéier rappelléiert kréien, mee dass eigentlech elo schonn d'Kand am Pétz läit an dass et wuel näischt méi ze confidentialitéiere gëtt. Elo kann een et och an d'ganz Welt erausposaunen.

Ech fannen et immens schued, well ech fannen och, dass d'Madamm Ministesch hätt onbedéngt mussen dat Dokument hunn, ier d'Press et hat. Mee dat läit net un der Oppositioun. Mir hunn et net gemaach! Au contraire. Ech hunn an der Conférence des Présidents et immens fonnt, wéi den Här Clement nach gesot huet, hie géif sech zrëckhalen, hie géif näischt soen, en hätt et ofgewiert, well e sech eeben doru géif halen. Da kann et net sinn, dass d'Majoritéit et da mécht an eis awer hei wëll de schwaarze Péiter zouspillen, ...

*(Interruptions)*

dass mir géifen hei just wëllen d'Fra spillen. Dat kann et wierklech net sinn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An da kritt d'Wuert: den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci. Merci, Här President. Ech wëll probéieren, erëm e bësse méi Serenitéit an déi Diskussioun ...

*(Interruptions et hilarité)*

... an déi Diskussioun ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... eranzébréngen, well mer hei Neiland betratt hunn. Mir hu glécklecherweis, an ech si frou doriwwer, eng gutt fonctionéierend Cellule d'expertise an dëser Chamber. Mir hunn dat zesummen diskutéiert. An déi Cellule d'expertise, dat gëtt elo hei an der Diskussioun vergiess, huet eng exzellent Aarbecht geleescht, huet sech nach mat engem Affekot zesummegeschloss fir ze kucken, ob se an der Stoussrichtung richteg läit. Mir hunn deen Avis mat deene Konklusiounen kënnen zur Kenntnis huelen a freeën eis selbstverständlech och doriwwer, dass d'Ministesch déi Konklusiounen eigentlech wäitgeend deelt, soudass mer mat där selwechter Serenitéit, wéi mer gëschter doriwwer diskutéiert hunn, déi nächst Woch kënnen doriwwer diskutéieren an déi Konklusiounen zesummen draus zéien, déi sech opdrängen.

**Une voix** | Voilà!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | An dat ass de Verdéngscht vun esou enger Cellule d'expertise. Dofir soen ech Merci, dass mer dat schnell konnte realiséieren, well dat war schonn och a viregte Perioden ëmmer eise Wonsch, esou eng Cellule ze hunn, wou mer net op aner Servicer ugewise sinn, mee eis och selwer kënnen Meenunge maachen. Also wannechgelift, Scholdzouweisungen hin, Scholdzouweisungen hier, wéi een an Zukunft mat deenen Dokumenter vun der Cellule d'expertise ëmzegoen huet, dat ass learning by doing. An heiansdo léiert ee goe beim Falen.

Merci.



**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Di Bartolomeo.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech mengen, mir kommen elo zum Vott ...

**Une voix** | Jo.

**M. Fernand Etgen**, Président | ... iwwert déi zwou Resolutiounen.

Fir d'éischt d'Resolutioun, déi vun der Madamm Hansen deposéiert ginn ass.

**Vote sur la résolution**

De Vott fänkt un. Elo maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Resolutioun ass mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Claude Wiseler), Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt (par M. Gusty Graas), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Pölfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par M. François Benoy), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*(Brouhaha)*

## 15. Résolution de Mme Josée Lorsché relative à la note de la Cellule scientifique au sujet de l'action « SuperDrecksKëscht »

*(Résolution déposée au cours de cette séance publique - à consulter en pages 29-30 de ce compte rendu)*

Da komme mer direkt zur Resolutioun, déi ...

**Une voix** | Wat en Aarmut!

**M. Fernand Etgen**, Président | ... vun der Madamm Lorsché deposéiert ginn ass.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Den Här Bettel seet ëmmer, Konsens.

**M. Fernand Etgen**, Président | De Vott fänkt un.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Däerf ech eppes dozou soen?

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo!

*(Interruptions)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Wëllt nach een zur Resolutioun, déi vun der Madamm Lorsché deposéiert gouf, d'Wuert ergäifen? D'Madamm Hansen.

## Discussion générale

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo. Ech fannen et wierklech extreem, extreem traureg, datt d'Majoritéit komplett géint déi aner Resolutioun gestëmmt huet. Ech soen Iech nämlech, wou de Problem ass. De Problem ass jo, datt mer festgehalten haten, datt en Avis juridique soll confidentiel sinn. Confidentiel! An de Problem ass, datt mer de Moie festgestallt hunn, datt en Netdeputéierten an en Netmember vun der Regierung den Avis juridique méi wéi eemol gelies huet, datt en also net méi confidentiel war.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Kann net sinn!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | An duerfir hu mir decidéiert, mir géifen e gär public maachen. Dat ass de Problem. An dofir verstinn ech ..., fannen ech et wierklech extreem traureg, datt Der einfach esou ratsch dergéint stëmmt. Wann ech nämlech Är Argumentatioun kucken, dann ass dat, wat an Ärer Resolutioun steet, nämlech nach falsch. Do steet dran, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | ... datt mer decidéiert hätten, datt d'Madamm Minister an d'Deputéiert e misste kréien avant toute publication. Dat ass awer net esou decidéiert ginn! Et ass decidéiert ginn, si missten e kréien a mir däerften en eréischt déi nächst Woch no der Sitzung publizéieren. Sou, genau esou. Wann ech dat heite liesen, da kënnt et och ... Si hunn et haut kritt, da kënne mer et elo direkt publizéieren. Also, dat doten ass net richtig.

An dann, de Considerant ... De Fait, firwat mer et gemaach hunn, ass eeben, well e Member vun där grénger Partei den Avis juridique hat, deen en net hätt däerfen hunn. Et ass net doduerch, datt en Deputéierten en Interview ginn huet. Well an der Comexbu war festgehal ginn, mir kéinten iwwert den Inhalt vun der Sitzung schwätzen. Also, dat war net schlëmm. Also ass dat doten ... Dee Considerant: « les déclarations publiques de plusieurs député-e-s le soir », dat war net verbueden. Dat ass net den Ustouss, ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Vun der Majoritéit!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | ... fir datt mer gären hätten, datt et soll public gi fir jiddwereen. Also fannen ech et einfach richtig net éierlech vun Iech, datt Der eis einfach esou refuséiert.

Mir sinn awer net esou stur wéi Dir, kann ech wierklech soen, a mir stëmmen Är mat, well et geet eis drëm, datt et eebe public gëtt. Mee ech fannen et awer wierklech net fair, net éierlech. An de Rescht kënnt Der Iech denken!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo. Ganz kuerz, Här President, well, ech mengen, et gëtt elo schonn e bësse spët.

**Une voix** | Jo.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mee mir wäerten eis enthalen, well effektiv deen Text, dee mer hei leien hunn, ass net éierlech. Well wann ech deen hei liesen um Ecran - et deet mer leed, ech muss dat elo esou maachen -, do steet eeben dee Saz dran: « considérant les déclarations publiques de plusieurs député-e-s de l'opposition le soir du 10 janvier et le matin du 11 janvier ».

Mee et geet jo eigentlech u sech ëm en Interview hei vum Här Sehic, dee jo net en Député de l'opposition ass. An dat gëtt hei complètement ënnert den Dësch

fale gelooss. An dofir ass deen Text hei net éierlech. Mir sinn d'accord mat der Publikatioun. Dofir hu mer jo och déi Resolutioun vun der CSV matgestëmmt. Mee hei ass wierklech eng Textformuléierung, déi d'Wierklechkeet net erëmgëtt. An dofir enthalte mir eis.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Also ech ka mech just ralliéieren un dat, wat elo grad gesot gouf, datt hei mindestens eng Saach ass, déi falsch ass. Dat ass nämlech de Considerant, datt d'nëmmen Deputéiert vun der Oppositioun geschwat hätten.

**Une voix** | Jo.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mir wëssen, an dat ass dokumentéiert, an d'Madamm Bernard huet et virdu selwer zouginn, datt si och mat der Press geschwat huet. An dofir géif ech d'Majoritéit respektiv d'Auteure, d'Madamm Lorsché, bidden, entweeder dee Considerant ze sträichen oder zumindest bäizesetzen: « considérant les déclarations publiques de plusieurs député-e-s » an « de l'opposition » ze sträichen, ...

*(Interruptions)*

... an da kënne mir dat ouni Problem matstëmmen. Well dann ass et weinstens d'Wourecht an net eppes, wat just der Oppositioun hei soll de schwaarze Péiter zouschiben. Falls dat net erausgeholl gëtt, musse mer eis leider och enthalen, well ech net hei kann eppes matstëmmen, wat offensichtlech falsch ass.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Ech ginn d'Wuert direkt zréck un den Auteur vun der Resolutioun, d'Madamm Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng), auteure | A villmools merci. Déi Resolutioun ass opgrond vun deem, wat ech bis dohi wousst, zustane komm. Ech wousst wierklech bis dohin net, dass dann och aner Deputéiert nach ..., dat soen ech ganz éierlech. Ech hunn och guer kee Problem, wa mer dat eraushuelen. Bis zu deem Moment, wou dat dote geschriwwen ginn ass, war dat mir net bekannt. Ech wousst just, dass zwee Deputéiert vun der Oppositioun geschwat hunn, dass déi och genannt gi sinn. Déi aner hat ech net um Radar. Dat muss ech soen.

**Une voix** | Très bien!

*(Interruptions)*

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng), auteure | An ech huelen dat gär ewech. Also, kee Problem.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lorsché. Ech mengen, da kënne mer zum Vott kommen iwwert déi Resolutioun, ouni dat, wat gestrach ginn ass, wéi d'Madamm Lorsché et elo gesot huet.

## Résolution modifiée

*La Chambre des Députés,*

- *vu l'avis juridique demandé par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire (Comexbu) au sujet de l'action « SuperDrecksKëscht » du 11 octobre 2021 ;*

- *vu la décision de la Conférence des Présidents du 14 octobre 2021 de confier cette tâche à la Cellule scientifique de la Chambre des Députés ;*

- *notant qu'après la présentation de la note de la Cellule scientifique, la Conférence des Présidents a décidé le 10 janvier que la note devrait être envoyée au plus vite à tous les député-e-s de la Chambre, à Madame la Ministre*





de l'Environnement ainsi qu'aux autres membres du Gouvernement, et ce avant toute publication ;

- notant aussi qu'à cette fin, un courrier officiel de la Chambre des Députés était seulement envoyé dans la matinée du 11 janvier 2022 ;

- considérant la communication officielle de la Chambre des Députés du 10 janvier 2022<sup>1</sup> ;

- considérant les déclarations publiques de plusieurs député-e-s le soir du 10 janvier et le matin du 11 janvier 2022 ;

- considérant que des journalistes ont, dans la matinée du 11 janvier, proclamé avoir eu accès à l'avis juridique de la Cellule scientifique,

décide

- de rendre ladite note immédiatement accessible au public.

(s.) Josée Lorsché, Gilles Baum, François Benoy, Yves Cruchten.

<sup>1</sup> <https://www.chd.lu/wps/portal/public/Accueil/Actualite/ALAUne/?current=true&urle=wcm%3Apath%3Aactualite.public.chd.lu/ST-www.chd.lu/so-actualites/59070ddd-1512-43ff-937c-53d1d6748d6d>

### Vote sur la résolution modifiée

De Vott fänkt un.

Plusieurs voix | Oui!

**M. Fernand Etgen**, Président | Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Resolutioun ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Claude Wiseler), Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt (par M. Gusty Graas), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. François Benoy), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

(Brouhaha général)

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 18., 19. an 20. Januar virgesinn.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 18.26 heures.)



## Sommaire

1. Ouverture de la séance publique ..... p. 36  
M. Fernand Etgen, Président
2. Communications ..... p. 36  
M. Fernand Etgen, Président
3. Ordre du jour ..... p. 37  
M. Fernand Etgen, Président
4. Octroi d'un titre honorifique à Mme Françoise Hetto-Gaasch et à M. Romain Schneider ..... p. 37  
M. Fernand Etgen, Président
5. Octroi d'un titre honorifique à un ancien fonctionnaire de l'Administration parlementaire ..... p. 37  
M. Fernand Etgen, Président
6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Goergen ..... p. 37  
Exposé : M. Marc Goergen
7. Heure de questions au Gouvernement ..... p. 37
  - Question n° 271 du 18 janvier 2022 de M. Léon Gloden relative à la coopération policière transfrontalière dans le sillage des récents hold-up dans des stations-service dans la région Est du pays, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure ..... p. 37  
M. Léon Gloden | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure
  - Question n° 272 du 14 janvier 2022 de M. André Bauler relative à l'entretien et la restauration du monument funéraire de la comtesse Ermesinde, adressée à Mme la Ministre de la Culture .... p. 38  
M. André Bauler | Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture
  - Question n° 273 du 18 janvier 2022 de M. Jeff Engelen relative au retour du loup, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural (à adresser à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable) ..... p. 38  
M. Jeff Engelen | Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
  - Question n° 274 du 18 janvier 2022 de M. Dan Biancalana relative à l'évolution récente des manifestations anti-Covid

- et l'impact sur la formation de policiers au Luxembourg, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure ..... p. 39  
Dan Biancalana | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure
- Question n° 275 du 18 janvier 2022 de Mme Myriam Cecchetti relative à la présence de cas de gale dans les écoles du fondamental et de l'enseignement secondaire, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (à adresser à Mme la Ministre de la Santé) ..... p. 40  
Mme Myriam Cecchetti | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
- Question n° 276 du 17 janvier 2022 de M. Marc Hansen relative au ciblage de la campagne d'information relative à la vaccination envers des groupes définis de la population, adressée à Mme la Ministre de la Santé ..... p. 40  
M. Marc Hansen | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
- Question n° 277 du 18 janvier 2022 de M. Max Hengel relative aux demandes d'autorisation préalable de la CNS pour un transfert à l'étranger, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale ..... p. 41  
M. Max Hengel | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale
- Question n° 278 du 18 janvier 2022 de Mme Carole Hartmann relative au don du sang des hommes homosexuels, adressée à Mme la Ministre de la Santé ..... p. 42  
Mme Carole Hartmann | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
- Question n° 279 du 17 janvier 2022 de M. Sven Clement relative aux cas de Covid-19 dans les écoles, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ..... p. 42  
M. Sven Clement | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
- Question n° 280 du 18 janvier 2022 de M. Félix Eischen relative à la validité du passe sanitaire français au Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de la Santé ..... p. 43  
M. Félix Eischen | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
- Question n° 281 du 18 janvier 2022 de M. Georges Mischo relative aux règles sanitaires en place au niveau de l'éducation non formelle, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ..... p. 44  
M. Georges Mischo | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse



- 8. Question urgente n° 5513 de M. Gusty Graas et de Mme Carole Hartmann relative aux délais d'attente pour ordonnances test PCR ainsi que pour ordonnances d'isolement ..... p. 44**  
M. Gusty Graas | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
- 9. Question écrite n° 5273 de M. Sven Clement et de M. Marc Goergen relative aux frais liés au traitement de la Covid-19 ..... p. 45**  
M. Sven Clement | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
- 10. Question écrite n° 5409 de M. Léon Gloden et de M. Jean-Paul Schaaf relative au service de garde dans la maison médicale d'Ettelbruck assuré par un médecin sanctionné par le conseil de discipline du Collège médical ..... p. 46**  
M. Léon Gloden | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (interventions de M. Léon Gloden)
- 11. Question écrite n° 5431 de M. Jeff Engelen relative à l'introduction du système 3G au travail ..... p. 47**  
M. Jeff Engelen | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
- 12. 7477 - Projet de loi portant modification de la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles ..... p. 47**  
Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire : M. François Benoy (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)  
Discussion générale : Mme Martine Hansen (intervention de M. Marc Lies) | M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | M. Fred Keup (interventions de M. Gilles Baum, Mme Josée Lorsché, M. Dan Kersch et M. Fernand Kartheiser) | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen | M. Gilles Roth (interventions de M. Pim Knaff et M. Laurent Mosar)  
Prise de position du Gouvernement : Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable  
Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 13. Question élargie n° 123 de M. Fred Keup au sujet de la langue luxembourgeoise sur le marché du travail ..... p. 57**  
M. Fred Keup (interventions de M. Sven Clement) | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | M. Dan Kersch (parole pour fait personnel)
- 14. Question élargie n° 124 de Mme Martine Hansen au sujet de la formation liée aux métiers du bâtiment ..... p. 59**  
Mme Martine Hansen | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
- 15. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la situation de l'aviation civile et de l'aéroport de Luxembourg ..... p. 60**  
Exposé : M. Serge Wilmes  
Débat : M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | M. Carlo Back | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
- 16. 7805 - Projet de loi portant création d'une carte de stationnement pour personnes handicapées ..... p. 67**  
Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Carlo Back  
Discussion générale : M. Aly Kaes | M. Max Hahn | M. Carlo Weber | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics  
Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 17. Changement de composition d'une commission parlementaire .... p. 70**  
M. Fernand Etgen, Président
- 18. Changements de composition des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales ..... p. 70**  
M. Fernand Etgen, Président
- 19. Hommage à M. Carlo Back ..... p. 70**  
M. Fernand Etgen, Président
- Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert et M. François Bausch, Vice-Premiers Ministres ; M. Claude Meisch, Mme Carole Dieschbourg, Mme Sam Tanson, M. Henri Kox et M. Claude Haagen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**Une voix** | Nee, Här President.

## 2. Communications

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Den Artikel 114 vun der Verfassung gesäit vir, datt den zweete Vott iwwer eng Verfassungsännerung duerch e Referendum kann ersat ginn. Esouwéi et am Kapitel 22 vum Chambersreglement preziséiert ass, fënnt dëse Referendum statt, wa bannent zwee Méint méi wéi e Véirel vun den Deputéierten dozou d'Demande mécht. Den Här Fernand Kartheiser huet den 20. Oktober 2021 als Député initiateur opgrond vum Artikel 189 vum

Chambersreglement eng Demande fir e Referendum iwwer d'Proposition de révision du chapitre IV. de la Constitution Nummer 7575 agereecht.

Bannent deenen zwee Méint ass dës Demande vun aacht Deputéierten ënnerstëtzt ginn. Laut dem Artikel 191 vum Chambersreglement ass se deemno irrecevable.

**Une voix** | Bravo!

### Communications du Président - séance publique du 18 janvier 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

7947 - Projet de loi concernant le développement de zones d'activités économiques et réglant les modalités d'admission et de mise à disposition de terrains dans ces zones et abrogeant la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet 1° le développement et la diversification économiques, 2° l'amélioration de la structure générale de l'économie

Dépôt : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 11/01/2022

7948 - Projet de loi portant institution d'un congé culturel et modification :

1° du Code du travail ;

2° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

3° de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture, le 13/01/2022

7949 - Projet de loi renforçant les moyens de lutte contre les abus sexuels et l'exploitation sexuelle des mineurs portant transposition de la directive 2011/93/UE relative à la lutte contre les abus sexuels et l'exploitation sexuelle des enfants, ainsi que la pédopornographie, et portant modification 1° du Code pénal et, 2° du Code de procédure pénale

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 17/01/2022

3) Le projet de règlement grand-ducal suivant a été déposé à l'Administration parlementaire :

7946 - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal du 9 juin 2021 concernant la performance énergétique des bâtiments

Dépôt : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 11/01/2022

4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2188 - Demande de pétition publique : Überdeckte Markthalle in der Oberstadt Luxemburg. Seit Längerem wurde



über eine überdeckte Markthalle, wie sie in vielen Städten zur Zufriedenheit der Besucher/Kunden besteht, diskutiert. Bin der Meinung, so eine überdeckte Markthalle mit Frischwaren/Lebensmittel käme den Händlern, Kunden und Behinderten während allen vier Jahreszeiten sehr entgegen. Kein Prunkbau, evtl. aus Stahl

Dépôt : Denny Dura, le 11/01/2022

2189 - Demande de pétition publique : Dépistage Covid-19 pour tous, vaccinés ou non

Dépôt : Hélder de Jesus Rodrigues, le 13/01/2022

2190 - Demande de pétition publique : Demande à la Ministre de la Santé de sortir les statistiques des victimes des effets secondaires des injections mRNA, au niveau international et national/Effets secondaires graves ainsi que les chiffres des morts en comparaison avec les morts de Covid-19/Évaluation du bénéfice-risque à tous les niveaux d'âge

Dépôt : Delfina Mendes Valente, le 13/01/2022

2191 - Demande de pétition publique : Réforme des conditions de travail dans le nettoyage

Dépôt : Silvia Maria Correia Guedes, le 10/01/2022

2192 - Demande de pétition publique : Demande exceptionnelle de prolongation d'indemnités de chômage pour les plus de 50 ans

Dépôt : Claude Homerovski, le 13/01/2022

2193 - Demande de pétition publique : Keng Impfpflicht fir Persounen ab 50 Joer

Dépôt : Jean Marc Graul, le 14/01/2022

2194 - Demande de pétition publique : Anpassung der praktischen Ausbildung in der Führerscheinklasse AM für vierrädrige Leichtkraftfahrzeuge „Microcar“

Dépôt : Mandy Klein, le 15/01/2022

2195 - Demande de pétition publique : Ort und Art der Ascheverstreuerung eines Verstorbenen respektvoll bei Lebzeiten planen

Dépôt : Guy Legener, le 17/01/2022

2196 - Demande de pétition publique : Modifier le mode de signature des pétitions afin d'autoriser le mode d'adhérence positif ou négatif

Dépôt : Pascal Pierrette Nohl, le 17/01/2022

2197 - Demande de pétition publique : Mettre l'ADEM au télétravail. Le rendez-vous pour se présenter dure au moins 5-10 minutes, ce n'est pas nécessaire de se déplacer pour ça. On peut faire le même rendez-vous par téléphone ou vidéochat, inutile de se déplacer pour ça avec la situation actuelle de Covid-19. L'ADEM peut faire tout ça par télétravail.

Dépôt : Belma Joldic, le 17/01/2022

2198 - Demande de pétition publique : Appel à la vaccination obligatoire contre le Covid-19 (Call for mandatory Covid vaccination)

Dépôt : Nimrod Daniel Kaderjak, le 17/01/2022

2199 - Demande de pétition ordinaire : Pétition ordinaire sur la limitation des sonneries des églises de culte catholique

Dépôt : Chris Maes, le 17/01/2022

5) L'article 114 de la Constitution prévoit que « Le texte adopté en première lecture par la Chambre des Députés est soumis à un référendum, qui se substitue au second vote de la Chambre [...] ». Conformément au chapitre 22 du Règlement de la Chambre des Députés, le référendum a lieu « si dans les deux mois suivant le premier vote demande en est faite par plus d'un quart des membres de la Chambre ».

M. Fernand Kartheiser, député initiateur, a déposé, le 20 octobre 2021, une telle demande d'organiser un référendum sur la proposition de révision du chapitre IV. de la Consitution - N° 7575. Cette demande ayant été soutenue par huit députés et conformément à l'article 191 du Règlement de la Chambre des Députés, elle est irrecevable.

### 3. Ordre du jour

M. Fernand Etgen, Président | Den Ordre du jour, souwéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Op Ufro vun der Regierung gëtt proposéiert, eng Question urgente a véier schréftlech Froen no der Froestonn mëndlech ze beäntweren. Dat sinn d'Question urgente Nummer 5513 an déi schréftlech Froen Nummer 5273, 5407, 5409 a 5431. Ass d'Chamber mat dëser Ofännerung vum Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 4. Octroi d'un titre honorifique à Mme Françoise Hetto-Gaasch et à M. Romain Schneider

De Bureau huet den 18. Januar 2022 opgrond vun den Artikelen 195 an 197 vum Chambersreglement virgeschloen, de fréieren Deputéierte Françoise Hetto-Gaasch a Romain Schneider den Éierentitel vun hirer Funktioun zouzuerkennen.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Ass d'Chamber mat deem Virschlag averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Den neien Éierendeputéierten eis Felicitatiounen.

Plusieurs voix | Très bien!

### 5. Octroi d'un titre honorifique à un ancien fonctionnaire de l'Administration parlementaire

M. Fernand Etgen, Président | Opgrond vun der Decisioun vum Bureau vun der Chamber an nom Artikel 43 vum Beamtestatut vun der Chamber gëtt dem Här Marc Baulesch, Huissier dirigent, den d'Administration parlementaire pensionshalber verlooss huet, den Éierentitel vu senge Funktiounen zouerkannt.

Häerzlech Felicitatiounen!

Plusieurs voix | Très bien!

(Applaudissements)

### 6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Goergen

M. Fernand Etgen, Président | Ech géif dann d'Wuert un den Här Marc Goergen gi fir den Depot vun enger Proposition de loi. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

M. Marc Goergen (Piraten), auteur | Merci, Här President. Mir deposéieren haut eng Proposition de loi am Beräich vum Logement, wou mer jo bekanntlech eng Logementskris hunn. An eiser Proposition geet et dorëm, fir Provisiounen op den Immobilienagencen e Plaffong ze ginn, soudass mer dat als ee

vun de Punkte gesinn, wou ee muss upaken an dëser Logementskris.

Wannechgelift, Här President.

7951 - Proposition de loi fixant un plafond pour les commissions pouvant être facturées par les agents immobiliers

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen.

M. Sven Clement (Piraten) | Très bien!

### 7. Heure de questions au Gouvernement

M. Fernand Etgen, Président | Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 83 vum Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen an d'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir drop ze äntweren.

Als Éischt hu mer d'Fro Nummer 271 vum Här Léon Gloden un de Minister fir bannenzeg Sécherheet iwwert d'grenziwwerschreidend Kooperatioun vun der Police am Kader vun de rezenten Iwwerfall op Tankstellen am Oste vum Land. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

- Question n° 271 du 18 janvier 2022 de M. Léon Gloden relative à la coopération policière transfrontalière dans le sillage des récents hold-up dans des stations-service dans la région Est du pays, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure

M. Léon Gloden (CSV) | Merci, Här President. 22. Oktober 2021: Tankstelleniwwerfall zu Remerschen, 3. November 2021: Tankstelleniwwerfall zu Schengen, 10. Januar 2022: Tankstelleniwwerfall zu Schengen, 11. Januar 2022, also een Dag dono: Hold-up op d'Tankstell zu Schengen. Mengen Informatiounen no ass och oft déi selwecht Tankstell betraff.

Doriwwer eraus sinn ech och gewuer ginn, datt déi lescht Zäit eng ganz Rei Abréch an Appartementshaiser laanscht d'Grenz wieren, net nëmme laanscht d'Grenz, mee och am Land.

Duerfir folgend Froen un den Här Minister Kox: Kënnt Der, éischstens, bestätegen oder doriwwer informéieren, wat d'Zuel vun den Abréch an d'Appartementshaiser ugeet. An zweetens: Vu datt dat hei jo awer - déi Iwwerfall op d'Tankstellen am Grenzgebitt - no engem Scheema ofleeft, soss géif dat do jo net de façon répétitive geschéien: Wéi ass do d'Zusammenaarbecht mat den auslännesche Policeinstanzen? Well et ass jo gewosst, datt, wann ee laanscht d'Grenz iergendwou abrécht, ee schnell op där anerer Säit ass.

An ech profitéieren dann och nach eng Kéier vun der Geleeënheet, drop hinzeweisen, datt mir als CSV d'Regierung schonn des Éfteren invitéiert hunn, sech Gedanken ze maachen iwwert de Precobs-System. Dat ass eng Software, déi ausreicht wann iergendwou agebrach gëtt, wéi héich d'Méiglechkeet ass, datt an engem gewësse Perimeter déi Deeg drop erëm agebrach gëtt.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Gloden. Den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, den Här Henri Kox huet d'Wuert.

M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure | Merci, Här President. Merci fir déi Fro. Ech hunn déi lescht Zuelen elo net am Kapp, wat d'Abréch ubelaangt an der Regioun Osten. Ech hat awer viru Kuerzem eng Question parlementaire beäntwert, mengen



ech, wou d'Zuelen net dramatesch an d'Luucht gaange sinn. Mee ech géif Iech dat awer weiderverméttelen. Ech mengen, mir hu jo och deemnächst vläicht eng Kommissioun, soudass ech Iech déi Zuele wëll noreechen.

Iwwert déi rezent Iwwerfall kann ech natierlech, aus Instruktiouns...

**Une voix** | Grënn.

**M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | ...grënn - wannechgelift, merci fir d'Hëllef - net direkt an déi Affären agoen.

Ech kann Iech awer, wat d'Zesummenaarbecht ugeet, kloer op zwou Direktiven hiweisen oder Accorden. Den éischten Accord ass den Accord bilatéral vum 24. Oktober 1995 iwwert d'Applikatioun vum Schengenaccord, deen en Echange virgesäit, wat d'Poursuitten ubelaangt. Dir wësst, dass mer jo och d'Poursuite mat den Däitsche geännert hunn, dass och déi Lëtzebuerger kënne méi wäit fir verschidden Infraktiounen an Däitschland eraufueren; iwwregens och mat Frankräich a mat der Belsch hu mer dat jo iwwert de Benelux-Accord. Mir kënne Observatiounen matmaachen, Échanges d'informations, Coordinations d'interventions an der Région frontalière.

A wat déi ganz Muselregioun ubelaangt, do hu mer säit 2007 eng „Initiativversammlung 3M“, wéi dat sech hei nennt. Dat ass en Accord tëschent Lëtzebuerg, Däitschland a Frankräich. An deem Accord geet et och drëms, gemeinsam Patrullen ze maachen, gemeinsam Reunounen an och intensiv drun ze schaffen, wann esou eng Serie vun Iwwerfall do sinn, well - an Dir hutt dat richteg gesot - och e Scheema hannendrun ass, fir ze kucken, dass een dat besser an de Grëff kritt.

Ween ass do mat ugebonnen? Dat ass éischstens den C3 Réimech/Mondorf, deen do matschafft. Et ass d'Bundespolizei vu Pärle, et ass Mäerzeg dobäi, d'Kriminaldéngschter vu Mäerzeg an am Saarland. Dann ass et awer och Rheinland-Pfalz, et ass d'Polizeiinspektioun vu Saarburg an et ass d'Gendarmerie Rettel an Thionville an et ass natierlech d'PJ - allequerten déi, déi sech am Centre Est zu Gréiwemaacher domadder beschäftegen. Dat heescht, et ass schonn zënter Laangem eng intensiv Auseenansetzung oder Zesummenaarbecht mat de Polizeien aus der Regioun.

An da gëtt et en zweeten Accord, deen hei awer och wichteg ass ze ernimmen: Dat ass den Traité de Prüm. Do geet et och deels ëm Datenaustausch. An och do si Länner ugeschloss wéi d'Belsch, Däitschland, Spuenien, Frankräich, mir natierlech an Éisträich an Holland. Dat heescht, och do geet et haaptsächlech, ënner anerem, ëm d'Kriminalitéit, awer och ëm den Terrorismus an déi méi brutal Kriminalitéit, déi ënnerwee ass, an dass do deen optimalen Austausch ass.

Also och bei deenen Enquêtes, déi lafen, ass ëmmer eng ganz enk Zesummenaarbecht mat den Nopeschpolizeien amgaangen.

Wat elo déi Software ubelaangt, erlaabt mer och do, dass ech déi Nofro maachen, an an enger Kommissiounssetzung kënne mer da gären nach eng Kéier do drop zrëckkommen, wou ech dann déi zwou Froen nach wäert noliwweren.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kox.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 272 vum Här André Bauler un d'Kulturministesch iwwert den Entretien an d'Restauratioun vum Grafmonument vun der Gräfin Ermesinde. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 272 du 14 janvier 2022 de M. André Bauler relative à l'entretien et la restauration du monument funéraire de la comtesse Ermesinde, adressée à Mme la Ministre de la Culture**

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Virun iwwer 20 Joer ass d'Kapell zu Clairefontaine vum Lëtzebuerger Staat, méi genee vum Kulturministère, restauréiert ginn. Dat vum Charles Arendt opgerichte Gebai hebergéiert d'Grafmonument vun der Gräfin Ermesinde, eng vun de remarkable Fraefigure vum hirer Zäit a vun eiser Geschicht, déi verschiddene Stied, wéi zum Beispill Iechternach a Lëtzebuerg e Fräiheitsbréif ausgestallt hat.

Frae si bekanntlech leider an eiser politescher Geschicht bis an d'zweet Hallschent vum leschte Joerhonnert éischter siele gewiescht. Dofir ass d'Ermesinde ëmsou méi eng relevant Figur, déi bis an eis Zäit era Spueren hannerlooss huet. Kee Wonner, datt en innovativ Lycée no hir benannt gouf!

Zënter e puer Joer ass d'Grafmonument vun der Ermesinde staark beschiedeg, dat wéinst Iwwerschwemmungen. Eng Associatioun këmmert sech zwar ëm déi dagdeeglech Gestiou vum der Kapell a vum Domän vu Clairefontaine. Leider ka si d'Käschte vun enger Restauratioun net droen.

Et ass wouer, datt dat aktuell Gesetz zum Fong fir d'historesch Monumenter an d'Denkmalschutzgesetz, dat mer geschwënn hei stëmme wäerten, keng Finanzementer ausserhalb vum Grand-Duché virgesinn. An trotzdem huet eise Staat schonn aner Projeten am Ausland kofinanzéiert, esou zum Beispill an Italien, an de Vereenegte Staate vun Amerika oder och nach d'Lëtzebuerger Haus zu Sibiu a Rumänien.

Dowéinst wollt ech folgend Froen un d'Madamm Kulturminister stellen: Ass d'Madamm Minister gewëllt, fir sech e Bild vun de Schied um Grafmonument vun der Ermesinde ze maachen a sech mat de wallouneschen Autoritéiten zesummenzesetzen, fir eng gutt Léisung ze fannen? Ass d'Madamm Minister prett, fir ausnamsweis Fongen iwwer e méiglechen anere Wee ze deblockéieren, fir déi néideg Restauratiounen duerchzeféieren an dat ze erhalen, wat eise Staat géint Enn vum leschte Joerhonnert mat öffentleche Gelder opwenneg restauréiert hat? Kann d'Madamm Minister eis vläicht och ugin, wat eise Staat virun 20 Joer fir d'Erhale vum Grafmonument vun der Ermesinde ausginn hat?

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Bauler. An d'Madamm Kulturministesch, Sam Tanson, ass prett fir op d'Fro ze äntworten.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture | Jo. Merci, Här Bauler. Et ass Verlooss op Iech, fir e bësse Faarf hei an déi Covid- a Sécherheetsfroestonn eranze kréien.

Fir direkt mat Ärer leschter Fro unzefänken: Et war mer elo leider net méiglech, tëschent 11.00 Auer a 14.00 Auer erauszefannen, wat de Staat virun iwwer 20 Joer genau finanziell contribuéiert huet a virun allem och, ween dat gemaach huet. Wa mer déi Informatioun an eisen Archiven entdecken, da ginn ech Iech déi natierlech gäre bei enger nächster Geleeënheet mat op de Wee.

Zum Prinzip selwer: Wéi Der richteg sot, ka Sites et monuments, laut den haitege Bestëmmungen, eng Restauratioun net finanziell begleede vum engem Bien, deen am Ausland ass. Mee Sites et monuments ass jo net eleng. Mir kruten den 8. Dezember eng Demande vum der Associatioun, déi sech dofir asetzt,

fir eeben déi Restauratioun finanziell kënne mat ze ënnerstëtzen.

Mir sinn amgaangen ze kucken, wéi eng Weeër mer do kënne fannen, ob dat iwwer en normale Subsid ka goen, ob mer do mussen e bësse méi kreativ ginn an och nach eng Kéier mam Finanzministère Récksprouch huelen, wou mer soss kënne déi Fongen aspeisen. A mir wëssen à ce stade och nach net, vu wéi engem Montant hei iwwerhaapt rieds geet.

Mee wéi gesot, dat ass alles an der Analys an d'Associatioun wäert och do, wa mer d'Äntwerten hunn, eng Äntwert dorobber kréien. Mir wäerten de Lëtzebuerger Patrimoine, och wann en e bësse ausserhalb vum der Grenz ass, natierlech net eleng loossen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, der Madamm Kulturministesch Sam Tanson.

Da komme mer elo zur Fro Nummer 273 vum Här Jeff Engelen un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltteg Entwécklung iwwert d'Presenz vum Wollef hei am Land. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 273 du 18 janvier 2022 de M. Jeff Engelen relative au retour du loup, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural (à adresser à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable)**

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, iwwer 120 Joer war de Wollef ausgestuerwen hei am Land. An de leschte Joren ass e vereenzelt opgetaucht zu Lëtzebuerg, am Éislek, awer net nëmme just do, mee och an anere Regiounen vum Land. Déi lescht Siichtung war da méi exakt den 11. Januar zu Wëntger an dat konnt kloer als e Wollef identifizéiert ginn. Virdu war et net ëmmer esou kloer.

Den Daachverband vum de Lëtzebuerger Schofs- a Geessenziichter mécht sech elo Suergen ëm säi Véi, well de Wollef jo duerfir bekannt ass, fir ënner anere och Schof a Geessen ze räissen. Duerfir froe si elo eng speziell Ënnerstëtzung, fir hir Häerdendéiere besser virum Wollef schützen ze kënnen.

Do wäeren dräi Froen, déi ech wollt un d'Madamm Minister stellen.

Ënner anerem brauche se jo elo méi héich Clôturen, well e Wollef relativ héich sprange kann, an duerfir brauche se Clôturë vun annerhallwem Meter bis zwee Meter, fir datt de Wollef net driwwer kënnt.

Da stellt sech och d'Fro vum den Nofollgekäschten, wann e Wollef e Schof räisst an déi aner Déiere fortlafen an dat deen Ablack zu engem Schued féiert, wéi et zum Beispill op der Strooss ka geschéien, wann e Schof ugestouss gëtt.

Da froen d'Ziichter och, fir e Subsid ze kréien, am Fall wou si sech mussen e spezialiséierte Wuechthond uschaffen, zum Beispill de franséische Pyrenäenhond, Bierghond, dat nennt een „Herdenschutzhund“.

An duerfir wollt ech d'Madamm Minister froen, wéi si op déi Fuerderunge vum Daachverband vum de Lëtzebuerger Schofs- a Geessenziichter wëllt reagéieren.

Ech wollt dann awer och nach froen, wéi déi eenzel Hëllefë kënne ausgesinn. Ass dat op eenzel Schof, ... also et hängk jo och vum der Gréisst vum Betrib of: Mir hu jo Schofhalter, déi hu 4, 5 Schof. Mir hunn der mat 10, 20 a mir hunn der mat e puer Honnert Schof.

Ech mengen, déi si méi rar. An duerfir wollt ech der Madamm Minister Merci soe fir hir Äntwert.



**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Engelen. D'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Carole Dieschbourg huet d'Wuert.

**Mme Carole Dieschbourg**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Da wollt ech dem Här Engelen natierlech Merci soe fir dës Fro, déi eis d'Geleeënheet gëtt, och eng Kéier ze soen, dass mer frou sinn, dass u sech, no esou enger laanger Zäit, de Wollef awer no an no ëmmer mol erëm hei zu Lëtzebuerg optaucht: véiermol zanter 2017. Also 2017 gouf en eng Kéier zu Holzem-Garnech gesinn, dann nach eng Kéier 2018 zu Furen, 2020 zu Nidderaanwen an elo 2022 zu Wëntger, an dat ass och elo erweisen. An da gouf et och de Kontakt mat de belsche Kolleegen, well och do an der Nopeschregioun ass e gesicht ginn, de selwechten Dag, soudass et ka sinn, dass mer - an dat muss sech dann nach bestätegen - dann iergendwa méi laang-fristeg Wëllef hei hunn.

Mir hunn awer net gewaart am Ëmweltministère, fir zesumme mat den Acteuren en Aktiounsplang u sech auszeschaffen. 2017 gouf dee scho gemaach. Dat gouf preventiv gemaach. Do hunn deemools 18 Auteure mat dru geschafft, 8 dovunner och aus dem Secteur vun der Landwirtschaft, well et natierlech e wichtegt Theemefeld ass, fir an der Akzeptanz preventiv ze schaffen.

Well et ass natierlech esou, dass de Wollef duerchaus kann eng Repercussioune op d'Notzdeieren hunn, andeems e se räisst. A fir genau dee Fall gëtt et och haut kloer Prozeduren, wat ee soll maachen.

Éischtens gëtt, wann e Schof géif gerass ginn, e Gutachte gemaach. Da gëtt dat ageschéckt bei d'Senckenberg-Institut an da kritt een, wann de Wollef nogewisen ass hei zu Lëtzebuerg, eng honnert-prozenteg Entscheedegung. Wann et net kloer ass, ob et de Wollef ass, da kritt ee 75 % zréck. Dofir ass et immens wichteg, dass dat gekuckt gëtt: Ass et de Wollef? An da gëtt och zesumme geschafft, well dat war och de Sënn an Zweck, dass mer mat de landwirtschaftlechen Administratiounen zesumme geschafft hunn.

Da geet den Dossier och nach bei d'ASTA. Déi mécht och nach eng Kéier eng finanziell Evaluatioun vum Schued. An da kënnt et eeben erëm zréck, well d'Gelder aus dem Ëmweltberäich kommen. An do gëtt och gekläert, an Zesummenaarbecht mat der Landwirtschaft, ob et dann 100 % ass oder 75 % vum Montant, dee bezuelt soll ginn.

Dat Ganzt fannt Der och an enger Broschür. Dir fannt et och um Internetsite, wou Der et a sech a méi Sproochen liese kënnt. Et ass och op Franséisch erhältelech. An do gëtt et interessant Verhalensreegele. Et gëtt natierlech och e Kapitel, wéi ee sech als Mënsch soll verhalten, wat ee mécht - et muss een natierlech den Hond och un der Léngt halen. An da gëtt et awer och eeben de Kapitel, fir elo op Är Fro ze äntweren, zur Preventioun, fir wann een Notzdeieren huet, an eeben dann och ganz kloer Uweisungen, wat ee mécht, wann dann e Schof gerass gi wär.

Et gouf sech och am Virfeld mat der Thematik, falls emol e Problemwollef géif optauchen, beschäftegt - wat dat wär. An da gëtt et ganz zum Schluss fir déi Leit, déi dat da wëlle genee wëssen, och eng ganz Säit zur Finanzéierung: Wat kann alles finanziéiert ginn? Wéi sinn déi maximal Montanten? Ech mengen, dat kann een do alles vun der Montantshéicht fir d'Analysen iwwert d'Entscheidung, déi kann natierlech variabel sinn ... mee do hunn ech Iech d'Prozedur ganz genee erkläert. Dat heescht, mir si

preparéiert, wann de Wollef kënnt. An ech war och am Virfeld do am Austausch mat den Acteuren, dat awer och net nëmme aus der Landwirtschaft, mee och aus dem Beräich vun der Forstwirtschaft, soudass mer mengen, dass mer gutt virbereet sinn op de Cas de figure, dass de Wollef hoffentlech erëm geschwënn en Deel vun eiser Natur ass. An domat soen ech Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 274 vum Här Dan Biancalana un de Minister fir bannenzeg Sécherheet iwwert d'Evolution vun de rezenten Anticovid-manifestatiounen an hiren Impakt op d'Ausbildung vun de Polizisten. Här Dan Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 274 du 18 janvier 2022 de M. Dan Biancalana relative à l'évolution récente des manifestations anti-Covid et l'impact sur la formation de policiers au Luxembourg, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure**

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Jo, déi lescht zwee Joren hu vill vun eise Biergerinnen a Bierger ofverlaangt. De Virus wierkt sech op eist alldieglecht Liewen aus, ob mer dat wëllen oder net. An doraus ervirgaange sinn net nëmme Solidaritéit a Mateneen, mee och Angscht an Onverständnes.

An dëse mouvementéierten Zäiten hunn eng Rei Matbierger vum Demonstrationsrecht, dat an eiser Verfassung fest verankert ass, Gebrauch gemaach, fir sech Gehéier ze verschafen, mol ugemellt, an der lescht of onugemellt, mol méi roueg, mol méi mouvementéiert.

Wéi de Policeminister rezent richtegerweis gesot huet, ass dëst fir Lëtzebuerg e relativ neie Phänomeen, op deem ee sech astelle muss. D'Fro stellt sech also, wéi een deementspreechend taktesch mat esou Situatiounen ëmgeet.

Leider huet sech d'Demonstrationskultur hei am Land wéi och an enger Rëtsch anere Länner an de leschte Woche verschlechtert a mir kennen all déi Biller vu rezenten Ausschreitungen. Et huet een awer och gesinn, dass eis Police de leschte Weekend gutt preparéiert war, gutt opgestallt war an effektiv och duerchgegraff huet, dann, wann et néideg war, mat deene legale Moyenen, déi hir zur Verfügung stoungen.

An dowéinst wëllt ech hei dem Policeminister folgend Froe stellen: Wéi gëtt eis Police generell taktesch op esou Situatiounen virbereet? Ass et virgesinn, d'Ausbildung vun eise Polizisten op esou Situatiounen unzepassen, sief et an der Formation de base oder an der Formation continue oder éischter a Richtung vun enger Formation spécifique, also vun enger Spezialformatioun? An dëse fir eis effektiv neie Phänomeen gëtt et jo schonn am Ausland deelweis méi laang. Mir wëssen, dass d'Police an eisen Nopeschlänner mat esou Erausforderungen ëmgeet. Sinn am Fong an deem Kontext Zesummenaarbechten tëscht der Lëtzebuerger Police an de Policen aus den Nopeschlänner virgesinn, fir dësen hei zu Lëtzebuerg dach neie Moment am Virfeld duerch ze trainéieren an duerchzeplangen?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Biancalana. De Minister fir bannenzeg Sécherheet, den Här Henri Kox, huet d'Wuert.

**M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | Här President. Merci fir d'Fro. Et gëtt mer d'Geleeënheet,

kuerz op dat Phänomeen vun den neierdénge méi opreegende Manifestatiounen vun deene leschte Wochen a Méint - kann ee scho wuel soen - e bëssen anzegoen. Mir hate jo schonn d'Geleeënheet, an der spezifescher Chamberskommissioun och doriwwer Ried an Äntwert ze stoen.

VLäicht am Prinzip: Eis Police muss sech ëmmer nei virbereeden op déi Demonstratiounen. Ech hu mer de Moien nach eng Kéier d'Lescht ugekuckt, wéi vill der de Moment waren. Mir haten der am Ganzen elo mëttlerweil zéng, déi eng mat méi groussen Enverguren, an et geet all Kéiers dréms, de Maximum u Sécherheet ze hunn, souwuel fir déi, déi demonstréieren oder wien et och ëmmer ass, fir déi, déi awer och den Encadrement maachen, dat ass insbesondere d'Police, awer och insbesondere fir den Drëtten, dass keen Drëtten zu Schued kënnt. An dat konnt awer gottseidank déi lescht Wochen a Méint duerchgesat ginn.

De Prinzip, no deem a sech d'Police virgeet, ass d'Legalitéit, d'Necessitéit an d'Proportionalitéit, dat heescht den Dräiklang, dee se probéiert auszuféieren. An Dir wësst, dass d'Police nom Police-administrative-Gesetz och ëmmer muss agéieren, wann en Danger grave, imminent an direkt virläit an dat hu se probéiert, iwwert déi Wochen a Méint ëmmer anzehalen.

D'Legalitéit, bon, dat gëtt d'Gemeengesetz deels hier, awer och d'Gesetz selwer.

D'Necessitéit, och dee Moment ze agéieren, wann et wierklech emol ausaart, awer och da konsequent kënnen duerchzegräifen. An dat hu se och elo de leschte Samschdeg, awer net nëmme schonn de leschte Samschdeg ... Dir kënnt Iech erënneren, mir haten och eng Demonstratioun, wou et änlech ofgelaf ass. Dat war dee Moment um Knuedler, wou och versicht ginn ass, well se matzen an der Stad war, fir och Gréisseres ze verhënneren, dass eeben ëmmer erëm am Schutz vun engem Drëtten, dass keen zu Schued kënnt - dofir d'Necessitéit, och do ze agéieren.

An da kommen ech op dee leschte Punkt, dat ass d'Proportionalitéit. An dat ass ganz wichteg, d'Proportionalitéit ass, ëmmer dee Moment ze agéieren, fir eeben dat anzehalen: éischtens d'Deeskalatioun, awer och dee Moment anzewierken.

An da kommen ech eeben op déi Ausbildung ze schwätzen. An d'Ausbildung ass eebe genau op deene Punkte schonn amgaangen, schonn an der Vergaangenheet. An et gëtt elo nach méi intensiv dorunner geschafft. Éischtens d'Grondausbildung: Am zweete Joer kréie se de Maintien de l'ordre, wéi dat genannt gëtt, ausgebilt an der Ausrüstung. Si sinn awer net direkt um Terrain mat dobäi. Et ass net, dass elo d'Schüler sollen och bei där Aktioun dobäi sinn. Si kréie jo eng Ausbildung an de Mënscherechter, awer och an der Tactique policière, souwuel an der Grondausbildung wéi och an der Weiterbildung. Doranner ass ëmmer d'Proportionalitéit ee vun deene wichtigsten Aspekter.

Et gëtt dräi Artikelen, déi een a sech kann nennen dozou. Dat ass den Artikel 32, dat ass d'Policegesetz, wat dat seet vun der Proportionalitéit. Dat gëtt ausgebilt, et gëtt forcéiert. An den Artikel 17 vum Code de déontologie schreift dat och nach eng Kéier vir. An den Eed selwer seet nach eng Kéier, wann e Polizist vereedelegt gëtt, dass dat och esou ausgebilt gëtt.

Dann ass stänneg eng Formation continue speziell op de Maintien de l'ordre, wou se an där Ausrüstung, wéi se eebe sinn, och déi Übung maachen. D'Cheffen, déi eeben d'Commandement hunn um Terrain, awer



och um PC, dat heescht, mir hu jo och ëmmer Poste de commandement an der Zentral, fir och dat ze dirigieren, déi maachen eng Spezialausbildung. Deen Austausch hu mer ganz ... dofir schwätze mer jo och oft mat der Belsch oder dofir tausche mer och Material a Personal mat der Belsch aus, well si déi selwecht Philosophie vun der Demarche bei esou Demonstratiounen hunn. An dofir ass deen Austausch ganz intensiv.

Ech hunn och iwwregens virun, dat ass elo schonn annerhalleft Joer hier, ...

*(Interruption par la présidence)*

... der IGP mat op de Wee ginn, fir eeben iwwert den Usage de la force eng Etüd ze maachen, och an der Schoul selwer. Dat heescht, si sinn amgaangen, déi Analysen ze maachen. Déi éischt Resultater hu mer kritt. Leider konnten se duerch Confinement déi Übungen net ëmmer duerchzéien, awer soubal d'Etüden oder d'Resultater virleien, kommen ech an d'Chamberskommissioun, fir Iech dat explizit eng Kéier virzustellen.

Merci. Et deet mer leed, et ass e bësse méi laang ginn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Policeminister Henri Kox.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 275 vun der Madamm Myriam Cecchetti un d'Gesondheitsministesch iwwert d'Presenz vu Krätz an de Schoulen. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 275 du 18 janvier 2022 de Mme Myriam Cecchetti relative à la présence de cas de gale dans les écoles du fondamental et de l'enseignement secondaire, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (à adresser à Mme la Ministre de la Santé)**

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo merci, Här President. Här President, et ass eis duerch verschidden Hautdokteren zu Ouere komm, dass zanter dem leschte Joer - 2021 am Fréijoer quasi - eng Epidemie vu Scabies, op Däitsch Krätze, fir d'éischt an den Écoles fondamentales ausgebrach ass, déi sech awer haartnäckeg hält an zanter September och elo an de Lycéee grasséiert.

Et ass gewosst, datt et sech heibäi ëm eng ustiechend Hautkrankheet handelt, déi anscheinend ëmmer nees opdaucht an haaptsächlech an Zäiten, wou d'hygieenesch Moossnamen net esou gutt sinn, d'Ernährung ze wënschen iwwerregléist oder eeben den Immunsystem zimmlech op der Kopp ass, wat jo an dësen Zäite vun der Pandemie de Fall ass.

Dës Krankheet gëtt duerch Milbe verursaacht an d'Infektioun geschitt meeschtens duerch enken Hautkontakt mat engem Erkranken. D'Parasitten an där hir Ausscheidung léisen eng allergesch Reaktioun mat Ausschlag a staarkem Juckreiz aus. Vu datt mëttlerweil net méi vill Leit iwwer, op Lëtzebuergesch, de Krätz Bescheid wëssen a fir déi, déi et kritt hunn, dëst en Tabutheema ass, well d'Stigmatisierung - knaschteg, net hygieenesch - gefaart gëtt, wär et do net un der Zäit, an de Schoulen nees driwwer ze schwätzen, respektiv d'Schüler an d'Elteren opzeklären an eventuell esouguer d'Leierpersonal? Ech weess, datt dat do mat de Lais och esou gehandhaabt gëtt.

An deem Kontext wollt ech eebe folgend Froe stellen: Éischtens, sinn Iech déi vill Fäll bekannt, déi duerch d'ganz Land an eise Schoule grasséieren? Gëtt et iwwerhaupt eng Pflicht, déi iergendwou ze mellen? Gëtt et do Opklärungsmëttelen, Flyeren, Bréiwer, Plakater, déi den zoustännegen Elteren an de Schüler

kënnen ausgedeelt ginn, fir datt se wëssen, wat se konkret kënnen do maachen, ier se emol beim Dokter sinn? Gëtt et - de Fall gesat, eng Klass ass betraff - Materialien, fir an der Klass dat Theema ze behandelen an opzeklären, firwat déi betraffe Schüler net als onhygieenesch a knaschteg betruecht kënnen ginn? Gëtt et Bicher, déi dem jeeweilegen Alter vun de Kanner ugepasst sinn an iwwer genau dat do Theema handelen? Gëtt dat Theema och iwwerhaupt nach haut preventiv ugeschwat?

Villmools merci am Virus fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. D'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President. Effektiv en Theema, wat eis e bëssen oflenkt vun engem aneren. Wat eis vill beschäftegt am Moment, ass d'Gale, wéi een op Franséisch seet, op Lëtzebuergesch de Krätz.

Fir Är Fro ze beäntweren, dat ass eng Krankheet, déi éischter als harmlos agestuft ass, wou keng Obligation de déclaration ass.

Wéi eng Krankheete mussen zu Lëtzebuerg deklariéiert ginn? Dat gëtt festgesat iwwer ee Règlement, an dat ass inspiréiert duerch d'Virgaben, déi mer vun der ECDC kréien, déi europäesch Behörde, déi mëttlerweil dank Corona jidderengem wuel e Begrëff ass. Dat setze mer eent zu eent ëm.

Mir hu bei eis an der Direktioun keng Kenntnis vun enger Krätzeepidemie, déi elo opgetratt wier. Et gëtt effektiv reegelméisseg esou Wellen dovunner. Et ass awer näischt Spezifesch op alle Fall vun deem, wat un eis erugedroe gëtt, wat op eng Epidemie géif deiten. Mir ginn och punktuell geruff - dat ass awer ganz oft a Strukturen, wou prekär Leit sinn -, wann et drëms geet, wirklech Diagnos ze maachen a Behandlung ze maachen, an der Wanteraktioun zum Beispill.

Wat d'Facteurs de risque ugeet fir Krätz, dat ass net sozialbedéngt, dat ass wirklech d'Proximité. Et iwwerdréit sech vun Haut zu Haut iwwer e längere Kontakt. Problematesch gëtt et an eng ënnerschiddlech Prise en charge gesäit een, wann et ze spéit erkannt gëtt zum Beispill oder net richteg erkannt gëtt, wann e spéiden Diagnostic gemaach gëtt oder eventuell keen Accès zu Soenen ass. Dat heescht, et ass eng Problematik, déi sech vun eiser Siicht aus elo éischter an de prekäre Strukture beweegt, wou mer och present sinn an dann natierlech déi néideg Opklärung maachen.

Wéi gesot, am Moment ass zu deem doten Theema keng spezifesch Preventiounscampagne virgesinn. Et ass och näischt, wat vun eisem Point de vue aus anormal ass. Et si Phase mat méi oder manner Fäll, hunn ech mer soe gelooss, dat wär nach ëmmer esou gewiescht zu Lëtzebuerg. Et gëtt emol méi oder manner driwwer geschwat, mee awer quantitativ schéngt et näischt ze sinn, wou elo eppes Aussergewöhnlech wär. Mir gesinn och kee Lien mat der Pandemie, dass een iergendwéi elo d'Gefill hätt, dass et vläicht duerch d'Pandemie verstärkt wär oder esou.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Gesondheitsministesch.

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 276 vun Här Marc Hansen un d'Gesondheitsministesch iwwert d'Impfcampagnen, déi op verschidde Gruppe vun der Bevëlkerung geziilt sinn. Här Marc Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 276 du 17 janvier 2022 de M. Marc Hansen relative au ciblage de la campagne d'information relative à la vaccination envers des groupes définis de la population, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Merci, Här President. Zanter dem Ufank vun der Impfcampagne hunn nei Erkenntnisser derzou gefouert, dass d'Impfrecommandatiounen fir verschidde Gruppe vun der Populatioun sech ëmmer erëm weiterentwéckelt hunn, zum Beispill d'Recommandatioun fir Kanner tëscht fënnf an zwielef Joer, wou am Ufank den Avis vum 30. November 2021 (veuillez lire: 29. November 2021) vum CSMI dee war, d'Impfung op vulnerabel Kanner ze limitéieren respektiv op Kanner, déi mat vulnerabele Persounen zesummeliwwen.

Dës aschränkend Empfehlung gouf da mam Avis vum 6. Januar 2022 fir all Kanner tëscht fënnf an zwielef Joer opgemaach. Bei de schwangere Frae gëtt zanter dem Avis vum CSMI vum 29. Mäerz 2021 en ARNm-Impfstoff recommandéiert. Vun der Decisioun, dass bei Ënner-30-Järege elo just BioNTech soll administréiert ginn an doduerch bei den Iwwer-30-Järege gréisstendeels Moderna genotzt gëtt, sinn och déi schwangere Frae betraff.

Well den RKI an Däitschland awer Pfizer fir schwangere Frae recommandéiert, kënn et bei ville schwangere Fraen zu Confusiounen, besonnesch wa Lëtzebuergesch Gynekologen RKI-Recommandatiounen weidergin an net déi vum CSMI.

Well d'Informatiounen evoluéieren an net ëmmer länneriwwergräifend kohärent sinn, ass et fir den normale Bierger schwier, selwer den Iwwerbléck ze halen, wat wéini fir wie geduecht ass. Dat veron-séichert d'Leit.

Duerfir ass et wichteg, dass personaliséiert Informatiounen un d'Bierger/innen verdeelt ginn. Duerfir meng Froen: Wéi ginn déi schwangere Fraen erreecht, fir se iwwert d'Méiglechkeete vun der Impfung ze informéieren? Zu wéi engem Moment a vu wem solle si informéiert ginn? Sinn dat d'Gynekologen oder huet d'Regierung d'Méiglechkeet, se direkt iwwer e Courrier ze informéieren?

D'Fro ass awer och, ob d'Dokteren oder notament d'Gynekologen all déi néideg Informatiounen hunn, fir schwangere Fraen op déi Lëtzebuergesch Situatioun virzebereeden a Vertrauen opzebauen?

Da wollt ech wëssen, ob deemnächst geplangt ass, eng perséinlech Invitatioun fir d'Impfung vun de Fënnf- bis Eelfjäregen un all concernéiert Elteren erauszeginn, fir ze erklären, wéi si e Rendez-vous kënnen fixéieren, awer och fir si faktesbaséiert a verständlech ze informéieren? Dëst wär extreem wichteg, fir Ängshte bei Elteren entgéintzewirken.

Ofschléissend wëllt ech och wëssen, ob d'Pediater cibléiert Informationsmaterial kritt hunn, fir d'Eltere verständlech ze informéieren an hinne matzeginn?

Ech soe Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Marc Hansen. D'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President. Dëst ass eng Fro bezüglech der Informationspolitik a -campagne vun der Regierung, déi ech dem Deputéierte ganz gäre beäntweren. Wat elo d'Impfung vu schwangeren an nierende Fraen ugeet, hu mer eng ganz Rei Approchë gesicht, wéi mer un d'Leit erukommen. Mir hunn e Facebook-Live gehat, spezifesch fir schwanger an nierende Frae mam Dokter Pit Duschinger, deen de President vun der



Lëtzeburger Associatioun vun de Gynekologen ass, dat scho relativ fréi, de 17. Juni.

Mir haten, fir Iech eng Iddi ze ginn, wéi dat gekuckt gëtt, fir dee Facebook 8.500 Viewen. Dat heescht, dat ass vill gekuckt ginn, e gudden Outreach. Mir hunn e Flyer gemaach dozou, och a Kooperatioun mat där selwechter Associatioun vun de Gynekologen hei vu Lëtzebuerg, deen déi alleguerte geschéckt kritt hunn an deen och an den Impfzentren un déi schwanger an nierend Frae verdeelt gëtt. Do ass jo och en éischten Entretien, wou déi geortet ginn, an da kréie se dee Flyer.

Donieft hu mer och Social-Media-Poste gemaach zu Fakenews, déi an deem Kontext zirkuléiert sinn. Mécht d'Impfung onfruchtbar? Dat ass eng Fro, déi eis vill gestallt ginn ass, an och do hate mer e Post, dee ganz vill gedréint huet.

Spezifesch zu de Kannerimpfungen géif ech verweisen - mee déi kennt Der bestëmmt - op eis Newsletter vun der Santé, d'Newsletter Covid-19. Do gëtt et eng spezifesch fir déi Jonk an déi Jugendlech vum Juli. Dës ass adaptéiert ginn zesumme mam Educationsmistère an ass u sämtlech Eltere verschéckt ginn vun där Säit aus eeben an där adaptierter Versioun. Mir hunn och e Blogpost gemaach iwwert déi aktuell Konditiounen fir d'Vaccinatioun bei de Kanner tëscht fénnef an eelef Joer. Dee Blogpost, dat ass den 23. Dezember gewiescht, dat heescht, zu deem Zäitpunkt, wou dat koum, hunn eis Campagnen, déi generell Campagnen, d'Social-Media-Campagne „Young, wild and vaccinated!“ direkt déi Jonk ugeschwat. Déi kennt Der, déi war ganz faarweg a breet ënnerwee. Spezifesch elo fir d'Kanner sinn Adaptatiounen gemaach ginn. Dat äntwert zwar elo net ganz direkt op Är Fro, mee mir hunn d'Kabinne speziell gestallt. De Waardeberäich ass extra adaptéiert gi fir d'Kanner a se kréien e Certificat an esou weider.

Dann erëm méi op dat Informatiiv, do hate mer zu der Kannerimpfung och zwee Facebook-Liven, déi mer organiséiert hunn spezifesch mam Dokter Allard, dem President vun der Lëtzebuergescher Gesellschaft vun de Pédiaateren: een éischten den 8. Juli dëst Joer, do hate mer 7.500 Views drop an elo am Dezember nach eng Kéier een den 2. Dezember, wou mer 13.000 Views nach eng Kéier haten. Dir gesitt also, dass déi Saachen, och wa se net iwwerall bekannt sinn, jiddefalls awer vill gekuckt ginn.

Videos zu der Kannerimpfung hu mer och gemaach mat der Dokter De La Fuente, déi si gelaf wärend der Impfwoch am Dezember spezifesch eeben och mat der Expertin vum Fach hei am Land. A wärend dem Info-Day, dat war dee grouss Konferenztog, dee mer an der Impfwoch haten, war och d'Dokter De La Fuente selwer um Panel fir Froen an Äntwerten eeben, also fir d'Froen entgéintzuehelen. Do war e professionellen Event moies fir justement Professionnels de santé. Ech ginn dovun aus, dass eis Dokteren do hiren Interessi gewisen hunn. Déi kruten dat matgedeelt a konnten dat natierlech suivéieren an och do hir bleiwend Froen nach stellen. Anerersäits war awer och méttens eng Konferenz grand public, wou och d'Dokter De La Fuente present war an och hei en direct, bon, éischstens exposéiert huet a Froen entgéintgeholl huet.

Dann hu mer e spezielle Beräich zur Kannerimpfung um Site Covid-19, deen e bësse méi dat Praktesch erkläert, wéi een de Rendez-vous fir d'Kanner hält, wou och d'Lëscht vun de Pédiaateren ass. A mir haten och elo rezent nach eng Pressekonferenz, déi och ëmmer relativ grouss Ecoutten hunn, wou d'Dokter De La Fuente derbäi war a spezifesch eeben iwwert d'Impfung bei Kanner geschwat huet an och op d'Froen dës Kéier da vun der Press geäntwert huet.

*(Interruption par la présidence)*

Dernieft, an dat zielen ech Iech net alles op, eng ganz Rei Social-Media-Posten, déi mer hunn.

Wat elo d'Recommandatiounen vum CSMI betrëfft, déi gi selbstverständlech un all Dokter adresséiert. Dat ass Sënn an Zweck dovunner. An eis Dokteren, gi mer dovun aus, dass se eis national Gremie suivéieren. Mir setzen natierlech net bei all eenzelem Dokter um Schouss a kënnen him och net diktéieren, wat e mécht. Dat ass eng Liberté thérapeutique zu Lëtzebuerg. Asoufern kann ech Iech net soen, wat déi eenzel Doktere maachen.

Mir hunn eist op alle Fall gemaach. Si kréien déi Recommendatiounen. Si kréien déi geschéckt, an dat ass den normalen Usus, dass d'Dokterschaft sech un déi Recommendatiounen vum engem CSMI - wat awer en ëffentlechen, also e Gremium ass, deen iwwert d'Gesetz virgesinn ass -, hält.

*(Interruption par la présidence)*

Voilà. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci der Madamm Gesondheetsministesch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 277 vum Här Max Hengel un de Minister fir sozial Sécherheet iwwert d'Autorisatiounen fir en Transfert an d'Ausland, deen am Virus bei der Krankekeess ugefrot gouf. Här Hengel, Dir hutt d'Wuert.

**Une voix |** Très bien!

**- Question n° 277 du 18 janvier 2022 de M. Max Hengel relative aux demandes d'autorisation préalable de la CNS pour un transfert à l'étranger, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale**

**M. Max Hengel (CSV) |** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, et ass fir eis zwee haut déi éischte Kéier, wou mer deen heiten Exercice zesumme maache vun enger mëndlecher Fro. Eis Dokteren, eist medezinnescht Personal hei am Land, déi si ganz gutt forméiert a se leeschten eng ganz gutt Aarbecht. Trotzdem ass et esou, dass fir verschidden Aggréff, wou mir einfach net d'Masse critique hunn, Patienten awer mussen an d'Ausland transferéiert ginn, fir datt se do eng ganz gutt Prise en charge kréien.

An dat kënnt zum Beispill ëfters vir am Beräich vun der Ophtalmologie. Ech mengen, jiddweree vun eis kennt een, dee schonn eng Kéier op Homburg transferéiert ginn ass fir en Aggréff.

Et héiert een awer an der Lescht ëmmer erëm vu Problemer, wann e Patient am Ausland muss hospitaliséiert ginn. Mee wann et en Accident ass, wou eng Urgence ass, do ass dat kee Problem.

Et kënnt awer och emol vir, datt Patiente kuerzfristeg mussen en Aggréff gemaach kréien, wou zwar keng Liewensgefahr ass, awer trotzdem eng gewëssen Drénglechkeet besteet. Dee Moment féllt dann hei am Land de behandelnden Dokter eng „Demande d'autorisation préalable d'un transfert à l'étranger“ aus, de Formulaire S2. Dee geet dann un d'CNS, déi dann d'Form iwwerpréift, an da geet et un de Contrôle médical, deen de medezinnesche Volet kontrolléiert.

An hei kënnt et, mengen Informatiounen no, an der Lescht reegelméisseg zu Nofroen, déi eng Prise en charge da retardéieren, an dat obwuel den Dossier komplett ass. Oft gëtt wuel e Bericht nogefrot, obwuel deen am Fong net obligatoresch ass.

An der Reegel soll eeben no zwou Wochen eng Äntwert do sinn, wat awer dann net de Fall ass, wann et zu dësen Nofroen kënnt. En plus kënnt et awer och

emol vir, datt Patiente kuerzfristeg bannent e puer Deeg e Rendez-vous kréien. A wa si dee Moment déi Autorisatioun nach net hunn, da mussen si alles selwer virbezuelen.

E konkreet Beispill, vun deem ech weess, ass e Patient, deen e puer Wochen no engem Accident mam A eng Komplikatioun gemaach huet, mam Risiko, datt de Seenerv géif nohalte beschiedegt ginn. Deen hat bannent fénnef Deeg e Rendez-vous zu Homburg kritt an huet awer du missen 3.000 Euro aus der eegener Täsch virbezuelen. Dat kann net all Mënsch sech leeschten.

An dowéinst meng Froen un de Minister:

Deelt de Minister d'Feststellung, datt mir hei eng beschleunegt Prozedur brauchen?

Wann nee, wéi wëllt de Minister awer garantéieren, datt et am Gesondheetsberäich sozial gerecht zougeet an datt jiddwereen Zougang zur selwechter gudder Medezinn huet?

Misst eventuell deen ominéise Formulaire S2, ëm deen et sech dann hei handelt, iwwerschafft ginn, datt et net méi muss zu weideren Nofroen kommen? Zum Beispill kéint da festgeluecht ginn, datt d'office esou e Bericht misst matgeschéckt ginn, och wann dat dann erëm e gréisseren administrative Méiopwand fir d'Doktere bedeit.

Här Minister, ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

**Une voix |** Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Hengel. De Minister fir sozial Sécherheet, den Här Claude Haagen, huet d'Wuert.

**M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale |** Merci, Här President. Merci och dem Deputéierte fir dës Fro. Am Virfeld vläicht e puer Zuelen, ier ech, Dir hutt d'Prozedur scho genannt, op déi ze schwätze kommen. Am Joer 2020, also d'lescht Joer, krute 5.563 Assurée eng Auslandsiwwerweisung ausgestallt iwwert de Formulaire S2, wéi Der e genannt hutt. Do ware bei den S2-Refusen och d'lescht Joer vun 842 Fäll, wou d'Konditiounen ganz einfach net erfëllt waren.

Et muss een och constatéieren, datt duerch d'Pandemie, wann een 2020 d'Ziele kuckt par rapport zu 2018 an 2019, d'Zuelen erofgaange sinn. Dat heescht, virdru waren déi Iwwerweisungen e bësse méi héich.

Et ass och esou, wat ee ka soen, datt iwwert d'Direktiv Soins transfrontaliers och 694 - ech hu mer dat notéiert - Remboursementer komm sinn, wou den Assuré direkt ka bei e Prestateur an d'Ausland goen, wou en natierlech déi Sue muss virstrecken. Dat ass net dee Fall, deen Dir gesot hutt, mee awer an deem Fall ass de Remboursement och net garantéiert, well et jo och de Choix ass vum Assuré.

D'Prozedur hutt Der scho genannt. Dat heescht, den Dokter soll e Formulaire erausschécke mat engem Bericht, deen derbäikënn, fir d'Iwwerweisung an d'Ausland ze maachen, an duerno geet et weider un d'CNS, dann un de Contrôle médical, hutt Der gesot, wou souguer den administrativen - bei der CNS - wéi de medezinnesche Volet kontrolléiert gëtt.

Wann dat Dokument komplett ass, da gëtt déi Iwwerweisung och gemaach. Wann natierlech muss nogefrot ginn, well iergendee Problem am Dossier selwer ass, da gëtt nogefrot an da kann et sinn, datt et méi laang dauert. Dat hënk awer och vun der Komplexitéit vum Dossier of. Haut si mer ëmmer méi am Fall, datt mer komplex Dossierer hunn. Dee Fall, deen Dir do zitéiert hutt, denken ech, géif awer ënnert d'Urgencé falen, wou awer och am Kader vun den



Urgencë souwuel d'CNS mam CMSS kuckt, fir dat ze berücksichtegen. Dat gëtt scho berücksichtegt an där doten Iwwerleung.

Wat elo d'Simplification administrative, den S2 oder den Delai, fir dee méi kleng ze maachen, betrëfft, ass et esou, datt an der Vergaangenheet schonn de Contrôle médical an och d'CNS gekuckt hunn, fir dat vill méi einfach ze maachen. A mir schaffen och drun, fir dat am Kader vun enger Digitalisatioun ze maachen, soudatt den Delai kann normalerweis méi kleng gehale ginn. Dat hânt awer ëmmer, wëll ech preziséieren, vun der Komplexitéit vum Dossier of.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Haagen.

Mir kommen elo un d'Fro Nummer 278 vun der Madamm Carole Hartmann un d'Madamm Gesondheitsministesch iwwert d'Blutspende vu männlechen Homosexuellen. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 278 du 18 janvier 2022 de Mme Carole Hartmann relative au don du sang des hommes homosexuels, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

**Mme Carole Hartmann (DP)** | Merci, Här President. Ab dem 16. Mäerz wäert a Frankräich en neie Questionnaire fir d'Blutspenden an den Asaz kommen, e Questionnaire, dee keng Fro zur sexueller Orientéierung méi beinhalt. Dat bedeit, dass homosexuell Männer an och bisexuell Männer esou wéi all Mënsch just nach d'Konditioun vun engem Monoparténariat vu véier Méint erfëlle muss, fir hiert Blut kennen ze spenden.

Hei zu Lëtzebuerg par contre kënnt et nach ëmmer zu enger indirekter Diskriminatioun vun homosexuelle Männer, well de Questionnaire och d'Fro stellt, ob een an de leschten zwielef Méint Geschlechtsverkéier mat engem homosexuelle Mann hat. Wann deem esou ass, dann dierf och hei zu Lëtzebuerg am Moment kee Blut gespent ginn.

An dësem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

Wat ass d'Meenung vun der Madamm Gesondheitsministesch iwwert d'Adaptatioun vun de Konditiounen fir den Zougang zu der Blutspend a Frankräich?

Ass d'Ministesch der Meenung, dass déi zu Lëtzebuerg applizéiert Bedéngungen nach ëmmer gerechtfertegt sinn? Wa jo, aus wéi enge Grënn wäeren déi nach wie vor gerechtfertegt?

Wëllt d'Madamm Ministesch der Ongläichbehandlung tëschent heterosexuellen, homosexuellen a bisexuellen Donateuren en Enn setzen?

Merci fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hartmann. D'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President. Ech si frou, dass ech effektiv eng Meenung hunn an d'Thema e bësselche suivéiert hunn, well aus der Fro war net wierklech ersiichtlech, wat Der genau Iech vu mer erwaart de Mëtten.

Mir hunn effektiv zu Lëtzebuerg nach eng aner Praxis am Moment en place. Dir wësst, dass et net an der Responsabilitéit vum Santéminister läit, dat festzesetzen. Dat hate mer Iech an der Äntwert op eng Question parlementaire, an zwar d'Question parlementaire Nummer 4485 vum 14. Juni, geschriwwen. Dat ass den Institut selwer, deen d'Prelevementer mécht, d'Croix-Rouge zu Lëtzebuerg, si setzen dat

fest. A wéi gëtt dat festgesat? All Joer gëtt dat evaluéiert hei zu Lëtzebuerg opgrond vum Rapport SIDA, dee kënnt. Dofir ass bei eis am Moment nach eng differenziéiert Praxis en place.

Wat elo de Monorelationnel ugeet, oder wéi och ëmmer een dat nennt, wat heescht dat konkret? Mir maachen en Ënnerscheed tëschent enger homosexueller ... Oder mir net, mee do, wou d'Prelevementer gemaach ginn. An och deementspreechend am Questionnaire ass en Délai de carence vun zwielef Méint bei enger homosexueller Bezéiung, déi an deem Zäitraum war, während bei enger heterosexueller Relatioun et just véier Méint sinn.

Dat ass am leschte Rapport nach statistesch ënnermauert gewiescht, am SIDA-Rapport, well eeben déi Krankheet méi present ass, statistesch gesinn, do, wou homosexuell Relatiounen sinn.

Ech ginn dovunner aus, dass et an der Praxis oder an der Realitéit esou ass, dass eeben Analverkéier méi oft ass an der Realitéit statistesch gesinn an homosexuelle Koppelen wéi an heterosexuelle Koppelen. Wann dat gesellschaftlech ännert an de Rapport gëtt eppes anescht hier, da wäert dat op d'Tapéit komme beim nächste Rapport. Wéi gesot, dee gëtt hei zu Lëtzebuerg all Joer gemaach. Dat ass déi statistesch Basis opgrond vun där adaptéiert gëtt.

Mir hunn natierlech och mat ganz vill Interessi dee franséischen Avis gesinn. Ech wäert eng Meenung hunn, wann ech deen nächste statistesche Rapport hunn, da verstinn ech dat besser. Ech sinn elo net onbedéngt de Soziolog, dee weess, wéi de Leit hir Praxisse sinn an ob dat statistesch nach sénnvoll oder justifiéiert ass oder net. Ech loosse mech do och guidéieren fir meng Meenung vun deem, wat am nächste Rapport erauskënnt, a suivéieren dat natierlech de près a wäert Iech och gären au courant halen, wann do e Changement sollt kommen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Gesondheitsministesch.

Als nächst hu mer d'Fro Nummer 279 vum Här Sven Clement un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend iwwert d'Covid-19-Fall an de Schoulen. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 279 du 17 janvier 2022 de M. Sven Clement relative aux cas de Covid-19 dans les écoles, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, duerch déi héich Covid-19-Infektiounsziel, déi mer all Dag per Push notification vun direkt e puer Medie kréie Minutten, nodeem de Rapport vun der Santé publizéiert gëtt, wësse mer, datt aktuell iwwer 20.000 Leit an Isolatioun sinn. Dovunner dann natierlech, par la force des choses, och vill Léierpersonal.

De 6. Januar hat RTL gemellt, datt ronn 10 % vun den Enseignanten an Enseignanteën an der Grondschoul a 7 % am Secondaire géifen ausfalen, well se entweeder selwer an Isolatioun missten, Congé pour raisons familiales hätten an dofir géifen ausfalen. Dofir goufen an enger éischter Phas, an dat begreisse mer och, 158 zousätzlech Remplaçantéi rekrutéiert.

An deem Zesammenhang hunn ech awer e puer Froen, wéi d'Situatioun dann och elo evoluéiert huet, grad och elo am Hibleck op den neie Regimm Covid-Check zanter dem 15. Januar.

Wéi vill Prozent vun den Enseignantéi kënnen dann am Moment wéinst enger Covid-19-Erkrankung oder wéinst engem Congé pour raisons familiales net

schaffe kommen, opgedeelt no deenen zwee Schoul-systemer?

Dann: Wéi vill Schouklasse mussen aus deenen nammlechte Grënn op Homeschooling zréckgräifen?

A wéi vill Enseignantéi hu säit Joresufank missen aus iergendwelleche Congéen, Formatiounen, Congés pour raisons familiales gefrot ginn, fir ze ënnerbriechen, respektiv Congé-formation, respektiv och Deeg, wou se u sech net misste schaffen, geruff ginn, fir Lächer ze fëllen? Mir wësse jo, datt d'Enseignanten net onbedéngt all Dag vun der Woch schaffen. Och déi sinn no mengen Informatiounen deelweis geruff ginn, fir Lächer ze fëllen.

An dann, vu datt eis jo och zu Ouere kënnt, datt de CovidCheck awer, jee no Regionaldirektioun, ënnerschiddlech applizéiert gëtt, wollt ech awer froen, ob de Minister haut scho kann ofschätzen, wéi een Effekt de CovidCheck op der Aarbechtsplaz fir de Schoulbetrieb hat.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement. Den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Députéierte Sven Clement weist op en akuten Challenge hin, fir déi vill Ausfäll, déi mer an de Schoulen hunn duerch eeben de Covid, kënnen opgefänken an d'Schoul awer, de Presenzunterrecht virun allem, esou gutt wéi méiglech kënnen ze assuréieren.

Dat ass en Challenge. Ech wëll Iech, Dir Dammen an Dir Hären, e puer Chifferen nennen. Dat sinn déi Chiffere vu gëschter, déi mer awer all Dag kucken an déi relativ konstant bliwwen sinn iwwert déi lescht zwou an eng hallef Woch.

Am Enseignement fondamental war et esou, datt mer 221 covidbedéngt Ausfäll haten. Wann een do nach eng Kéier kucke geet, duerch wat datt se sinn, da waren dat der 85 duerch de Congé pour raisons familiales an 136 eigentlech dann nëmmen duerch eng direkt Infektioun, duerch en Isolement, duerch e positive Fall vun engem Enseignant, deen dann net konnt schaffen kommen. Domadder net agerechent sinn awer nach eng Kéier déi 80 Enseignanteën, déi ecartéiert goufen, well se schwanger sinn a momentan dann net kënnen virun enger Klass stoen.

Derbäi kommen awer och nach aner Absencen, eng normal Maladie, an der Héicht vun 334 Dammen an Hären Enseignanten. Insgesamt hate mer domadder en Ausfall vu 555 Leit, an dat mécht e Prozentsatz vun 9,74 % aus.

Dir hutt gesot, do war en anereren annoncéiert ginn. Dat war och eng Foto op e gewëssenen Dag vu ronn 10 %. Mer leien also do nach ëmmer ganz änlech, wéi dat dee Moment de Fall war.

Änlech leie mer och am Enseignement secondaire. Do hate mer 274 covidbedéngt Ausfäll an 198 aner Absencen, soudatt mer insgesamt op 472 Absencéi komm sinn op den Dag vu gëschter. An dat maache ganz genau 8,5 % vun dem gesamte Personal aus.

Jo, dat ass en Challenge. Dat ass awer net ganz nei, well mer ëmmer ëm déi Joreszäit hei, Januar, Februar, vill Absencen hunn. Mir wëssen, d'Kanner komme mat Infektiounskrankheeten an där Zäit a Kontakt a bréngen dat natierlech mat an d'Schoul an d'Enseignantspersonal ass och domadder dovu betrafft.

An et hëlleft eis awer ganz kloer dat Ersatzpersonal, wat mer konnte souwuel schonn Enn d'lescht Joer rekrutéieren, wéi awer och elo kënnen weiderhi



rekrutieren, fir do kënnen iwwert d'Ronnen ze kommen, ouni datt d'Schoul aus dem Grond ausfällt, datt d'Kanner net kënnen enseignéiert ginn, well d'Personal eeben net disponibel ass.

Mir hunn, bis op e puer Ausnamen, eigentlech dat doten elo opgefaange kritt. Mesuren, wéi mer se och kéinten nach weider huelen, datt eng Rei vu Coursé géifen ausfalen - Cours d'accueil oder Cours d'appui -, si bis elo net flächendeckend geholl ginn, vläicht emol punktuell. Mir hunn awer och kee Personal aus engem Congé zréckgeruff. Ech weess net richteg, wat Der Iech dorënner virstellt. Dat ass op jidde Fall net geschitt. Mir hunn dem Personal proposéiert gehat, eng punktuell Augmentatioun vun der Tâche ze maachen. Déi ass bis elo awer a kengem Fall och gemaach ginn.

Wat gemaach ginn ass, dat sinn Iwwerstonnen, déi gelescht goufen, well, wéi Dir sot, den Enseignant schafft net déi ganz Woch. Dach, dat ass eigentlech de Fall, den Enseignant schafft déi ganz Woch, well e preparéiert sech. Mee an där Zäit, wou en net e Cours huet an der Schoul, kann en awer och emol virun enger anerer Klass intervenéieren. An dat gëtt dann emol punktuell gemaach an och iwwer Iwwerstonnen dann honoréiert.

Wat den Homeschooling ubelaangt, do ass et jo esou, datt Klasse kënnen a Quarantän gesat ginn. Ech wëll awer nach eng Kéier ënnersträichen, datt net déi ganz Klass a Quarantän gesat gëtt. Nëmme déi Schülerinnen a Schüler, déi net geimpft si respektiv net geneese sinn an net retabliert sinn, kënnen a Quarantän gesat ginn. Soudatt mer do an aller Reegel ëmmer eng Rei vu Schülerinnen a Schüler hunn och, déi weider an der Kontinuitéit an d'Schoul ginn, an den Enseignant empfängt se am Klassenall, ënnerriicht se do, a gläichzäiteg dann awer och den aneren Deel vu Schülerinnen a Schüler, déi doheem da sinn, well se wierklech a Quarantän sinn, probéiert déi och ze ënnerriichte mat enger Rei vun Aktivitéiten, déi en dann zäitlech parallel a distance och do assuréiert.

Et ass awer esou, datt nach keng Klass an engem Homeschooling ass, well mer elo d'Personal net disponibel haten am Enseignement fondamental. Am Secondaire waren dat véier Klasse bis elo. Do hu mer eng Prozedur definéiert, wou dat um Ministère muss ugefrot ginn, ob wierklech eng Klass kann heemgeschéckt ginn an dann a distance ënnerriicht ginn, well mer et soss net géifen organiséiert kréien. Dat waren der bis elo eréischt véier.

Wéi vill Quarantänen datt ausgeschwat goufen, dat wär éischter eng Informatioun, déi op der Säit vun der Santé läit. Mir wëssen awer, datt mer haut dee Communiqué jo och erausbréngen, deen all Woch erauskënnt, wat d'Infektiounsketten an de Schoule waren. An do hu mer dann ëmmer déi Zuel vun den Zenario 4en, déi do annoncéiert ginn.

Dat sinn also mëttlerweile Klassen, wou méi wéi sechs Fäll positiv oder méi, pardon, ab sechs Fäll positiv dra ware respektiv och klasseniewergräifend de Virus sech verbreet huet. An dat waren an leschter Woch 34 Klassen, déi dovunner betraff waren, wat eng normal Saach eigentlech ass, wann ee gesäit, wéi héich d'Inzidenz momentan an de Schoulen dach awer ass.

Wat den Impakt vum 3G-Regime op d'Schoulen ubelaangt, war deen éischter marginal par rapport zum direkten Impakt vum Covid. Mir hate gëschter eefel Absencen am Fondamental, haut nach fënnef, a mir hate gëschter siwen Absencen am Secondaire, haut nach dräi, déi bedéngt waren duerch den 3G, wou also Enseignantë sech net konnte mat engem valabele QR-Code presentéieren an domadder hirer Aarbecht nooen.

*(Interruption par la présidence)*

Villmools merci, Här President, a villmools merci un deen, deen d'Fro gestallt huet, fir Iech déi Informatiounen hei kënnen ze ginn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Educatiounsminister Claude Meisch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 280 vum Här Félix Eischen un d'Madamm Gesondheetsministesch iwwert d'Gültgkeet vum franséische Passe sanitaire. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 280 du 18 janvier 2022 de M. Félix Eischen relative à la validité du passe sanitaire français au Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

**M. Félix Eischen (CSV)** | Merci, Här President. Madamm Minister, a Frankräich kréien déi Persounen, déi schon am Virfeld mam Covid-19 infizéiert waren, just eng Impfdosis. Laut der Haute Autorité de Santé hätt een duerch d'Infektioun eng gewëssen Immunitéit opgebaut, déi just duerch eng Impfdosis amplaz eng zweet renforcéiert gëtt. Dës Persounen goufen elo, wéi déi aner och, invitéiert, fir sech booster ze loosse. Se kruten also zwou Dosen, während déi, déi ni am Virfeld mat Covid-19 infizéiert waren, bei hirer drëtter Dosis sinn.

An hirem Pass vaccinal, deen en EU-Zertifikat ass, steet dofir bei „Nombre de doses“ zwou vun zwou dran, wat bei hinnen e Schéma vaccinal complet duerstellt.

Während dës Pass an Däitschland unerkannt gouf, hätten dës Persounen, mengen Informatiounen no, nach virun e puer Wochen zu Lëtzebuerg missen e Schnelltest maachen, fir iwwerhaupt zum Beispill an e Restaurant oder soss enzwousch eranzekommen, obwuel se e Schéma vaccinal complet haten.

Vu dass vill Frontalieren, mee och Lëtzebuerger, déi an der franséischer Grenzregioun wunnen, heivunnet betraff ware respektiv sinn, wéilt ech gär folgend Fro stellen:

Kann d'Regierung bestätegen, dass Persounen mat engem franséische Pass, déi opgrond vun hirer Covid-infektioun nëmme zwou Impfdosen kruten, dës awer als equivalent zu den dräi vun dräi Impfdosen a Frankräich gëllen, nach bis viru Kuerzem net an eis Restaurants erakomm si respektiv just mat engem Schnelltest?

Wa jo, aus wéi engem Grond, wann ee bedenkt, dass dës Pass an Däitschland unerkannt ginn ass?

Wëssend, dass mam neie Gesetz Schnelltester an de Restaurants et cetera fir Leit, déi nach kee Booster kruten a soumadder nëmme zwou Dose kruten, ewechgefall sinn, ass de Problem elo geléist fir Leit mam franséische Passe sanitaire, déi duerch eng Infektioun mam Covid-19 nëmme zwou Dose kruten?

An déi lescht Fro: Gëtt de franséische Passe sanitaire vun engem Geneesenen, deen also zwou Dose krut, als valid vun eiser CovidCheck-App ugesinn? Gesäit eis CovidCheck-App dës Pass als Equivalent zu engem Zertifikat mat dräi Dosen un?

Ech soen am Virfeld Merci fir d'Äntwerten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Eischen. D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President. Vläicht virop eng Prezisioun: Déi Reegel ass a Frankräich net anescht wéi bei eis. Ech géif just eng Kéier eng Rei Saache rappeléieren.

Déi eenzel Länner kënnen verschidde Certificaten emettéieren, nationaler oder där, déi europäesch

liesbar sinn. Déi eng hunn eng Portée nationale, wéi zum Beispill eis Certificaten, déi an der Schoul ausgestallt sinn, an anerer hunn eeben déi Visée européenne an déi mussen dann de Reegelen an dem Formatage entsprechen, déi vun dem EU-Digital-Covid-Certificate-Reglement virgi sinn. Dat ass d'Reglement 2021/953. Wat fixéiert dat? Dat fixéiert déi Informatiounen, déi mussen am Certificat enthalen sinn an och am QR-Code.

Esou e Certificat, dee couvréiert ëmmer een Evenement, ee Status, deen een huet, et ass net en Historique. E muss natierlech richteg encodéiert ginn. Do gëtt vill drop geschafft, fir dat ze alignéieren. Et ka sinn, dass, wann eppes falsch encodéiert ass, eeben net als e Schéma complet, mee als en eent vun zwee, dat dann net ka richteg gelies ginn. Da muss een dat mat där responsabeler Autoritéit kucken.

Et gëtt och aner Hypothesen. Esou zum Beispill d'Business Rules mat der App, déi kann all Land fir sech decidéieren. Wat ass eng Business Rule? Dat ass: Wat kann ee maache mat engem Certificat? Do kann et Ënnerscheeder ginn. Zum Beispill ass bei eis de Geneesene gutt fir sechs Méint. Mir hunn déi Optioun geholl. Aner Länner hunn do manner zum Beispill, manner laang Delaien. Dat ka variéieren.

Fir awer elo Äre spezifesch Fall, deen Der évoquéiert, eng Infektioun mat hannendrun enger Vaccinatioun, dat ass hei zu Lëtzebuerg genau wéi a Frankräich, e Schéma vaccinal complet. Dat muss richteg encodéiert ginn. Mir hunn hei heiansdo Problemer gehat, dass dat vläicht emol heiansdo falsch encodéiert gëtt. Dat mécht d'Leit net frou, well da kann et net gelies ginn an da muss dat berichtegt ginn. A mir hunn effektiv mat Frankräich eng Rei Problemer gehat. Mee et ass awer net esou, dass déi vun de Fransouse systematesch net liesbar wäeren. Do, wou Problemer waren, hat dat eeben se di mat engem falschen Encodage, dee gemaach war.

Dat ass eppes, wat mir och net kënnen selwer rectificéieren. Do muss een da bei déi jeeweileg Autoritéit goen, déi dat ausgestallt huet. Mir hunn esou Fäll och bei eis gehat, awer éischter seelen, vu falschen Encodagen. Et ass ëmmer e Mënsch, deen derhannert ass, deen dat mécht. Et ass ganz komplizéiert, an do kommen esou Saache vir.

Et ass och festgestallt ginn um Niveau vun der Kommissioun, dass de Système d'encodage eng Rei Lacunen huet. Do gëtt ëmmer permanent och un der Amélioratioun geschafft, wou dann eeben och nei Richtlinnen eraus ginn, fir esou komplizéiert Situatiounen wéi do ze mainstreamen, dass dat eenheetlech gehandhaabt gëtt.

Wéi gesot, d'Approche vum Reglement ass Eenheetlechkeet, mee tëscht der Theorie an der Praxis ass, wéi a villen Domänen am Liewen, oft en Delta an do geschéie Feeler. An effektiv kann ech nëmme confirméieren, dass mer mat franséische Certificaten eng Rei Problemer haten, wat net onbedéngt op grousst Verständnis bei de Leit stéisst, well déi stinn dann an der Entrée an et kann net gelies ginn. Dat kann ee gutt novollzéien. Mee et ass net an eisen Hänn, fir dat ze rectificéieren.

Ech géif Iech Merci soen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Gesondheetsministesch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 281 vum Här Georges Mischo un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend iwwert d'Ëmsetze vun de sanitäre Reegelen am Kader vun där nonformaler Bildung. Här Mischo, Dir hutt d'Wuert.



**- Question n° 281 du 18 janvier 2022 de M. Georges Mischo relative aux règles sanitaires en place au niveau de l'éducation non formelle, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**M. Georges Mischo** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, vill Froe stelle sech aktuell a Besuch op déi aktuell sanitär Reegelen. Mat de ville kuerzfristegen Ännerunge wëssen d'Leit net méi, wou se dru sinn. Derbäi kënnt - dat sinn Temoignagen, déi eis zougedroe gi sinn -, dass se kontradiktoresch Informatiounen vum offizieller Säit kréien. An et gëtt eis och reegelméisseg zougedroen, dass d'Ordonnance fir eng Quarantän, wou jo bekanntlech de PCR-Test matgeschéckt gëtt, vill ze spéit bei de Betroffenen ukënn, soudass dës Persounen an deem Fall gebiede sinn, e PCR-Test aus hirer eegener Täsche ze bezuelen.

Fir nach méi Duerjernee suergen déi ënnerschiddlech Reegelen am schoulesche Beräich an an der nonformaler Bildung. Meng Froe bezéie sech an dësem Fall op déi nonformale Bildung a méi spezifesch op déi kleng Kanner. Mir kruten eng Rei Informatiounen, dass a verschidde Crècheen am Land, wa bis e Coronafall an hirem Grupp virläit, déi aner Kanner just nach mat negativem PCR-Test zougeloo ass ginn.

Kann de Minister dës Informatiounen bestätegen?

Ass dës Virgoensart a -weis vereinbar mat de Consigné vum Ministère un eeben dës Infrastrukturen?

Kënnen déi betreffen Elteren de Remboursement vum PCR-Test op staatlech Niveau afuerderen?

Wa jo, u wie solle sech dës Elteren an deem Fall wenen? Hunn d'Elteren an deem Fall en Urecht op de Covid-19-Congé pour raisons familiales?

Wann net, missten op deem Punkt déi gesetzlech a reglementaresch Bestëmmungen net ugepasst ginn?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mischo. Den Här Educationminister Claude Meisch huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, jo, et ass wouer, d'Reegelen hu sech iwwer déi lescht zwéi Joer ëmmer nees ugepasst. Et ass wouer, dass et net einfach ass, do ëmmer hannendrun ze kommen. An et ass och wouer, dass ech heiansdo selwer staunen, wat fir eng Reegelen datt dann enzousch applizéiert ginn, déi nach zousätzlech zu all deem, wat d'Santé mat eis zesummen decidéiert, da festgehal ginn.

Mir ginn eis ëmmer nees Méi, dat och kloer ze kommunikéieren. Mir hunn nach an de leschten Deeg eng breet Kommunikatioun gemaach un de ganze Beräich vum der nonformaler Bildung, well elo mat deenen neie Reegelen, déi mer hu fir d'Schoul, och an der nonformaler Bildung - an dat sinn d'Crècheen, dat sinn d'Maison-relais, dat sinn d'Jugendhaiser - natierlech deementspriedend adaptéiert goufen.

An déi Grandapproche ass do nach ëmmer ganz, ganz kloer. Net an de Crècheen, mee alles iwwer sechs Joer, do deet een dobannen eng Mask un. Et ass esou, dass Gruppengréissten op zéng limitéiert sinn. Wa giess gëtt, dann net zu méi wéi véier um Dësch. Et soll reegelméisseg geléift ginn.

Mir hunn och, wann dat gewënscht war vum den Träger, CO<sub>2</sub>-Messser kënnen zur Verfügung stellen. Den 3G gëllt och fir d'Personal. A mir hunn och Schnelltester. Mir wäerten och an den nächste Vakanzen nees Schnelltester zur Verfügung stellen - well da jo

Kanner, déi an der Maison relais sinn, net an d'Schoul ginn an do net getest ginn -, fir datt awer eng gewësse Kontinuitéit vum deem Rhythmus vum Tester dräimol pro Woch och do kann assuréiert ginn.

Et ass esou, dass bei Kontakter an engem SEA (ndlr: Service d'éducation et d'accueil) natierlech och gekuckt gëtt, dass deementspriedend den Tracing gemaach gëtt. Mir mussen awer hei och gesinn, dass de Virus awer iwwerall ass an datt den Tracing och iergendzousch seng Limiten huet, dass wann de Virus an där Presenz ass, déi mer momentan hunn, et net onbedéngt sënnavoll ass, em iwwerall nozegoen an ze probéieren do ze encercléieren an do anzefänken, well e riets a lénks an uewendriwwer an ënnerdrënner awer warscheinlech grad esou ass.

An duerfir fuere mer jo hei iwwer e breeden Testing. Virun allem all déi Kanner, déi scolariséiert sinn, kënnen dovunner profitéieren. A mir probéieren, do e ganz enkmasscheg Netz vum Tester ze strécken an do méiglechst vill positiv Fäll ëmmer nees kënnen ze detektéieren an Infektiounsketten do ze ënnerbriechen, fir datt d'Verbreedung - déi reell ass, déi och stattfënt - awer net onkontrolléiert ka weidergoen.

Dir hutt elo e Fall geschildert, deen en typescht Beispill ass, bei deem eigentlech warscheinlech - ech weess net wou dat war, ech kann dat och net confirméieren, ech kann et och net dementéieren - Leit et och nach gutt gemengt hunn a gemengt hunn, si missten dann nach e Schotz Sécherheet do derbäiginn. Et ass awer nun emol esou, dass wann e positive Fall detektéiert ass, dann ass dat eng Informatioun, déi un d'Santé geet. An no deene Reegelen, déi en place sinn, gëtt dann decidéiert, wat domadder gemaach gëtt.

An aller Reegel ass et esou, dass och, wann an enger Crèche e positive Fall ass, gekuckt gëtt, wien domadder a Kontakt war. A bei deenen, déi net geimpft an net retabliert sinn, ass et esou, dass déi a Quarantän ginn. Et gëtt an der gängeger Applikatioun do awer och nach en Ennerscheed gemaach, ob dat Kanner sinn oder ob et déi Professionell sinn.

D'Quarantäne ginn éischter ausgeschwat - dat ass op jidde Fall déi Erfahrung, déi mir gemaach hunn -, wann et déi Professionell sinn, wann et d'Educatrice, den Educateur ass, dee vum engem Grupp an deenen aneren dann och geet, wéi wann et elo mol eng Kéier en isoléiert Kand ass. Dat awer och als Prinzip éischter an de Maison-relais wéi an de Crècheen, well an de Maison-relais déi Kanner alleguer systematesch dach awer getest ginn, op d'mannst dräimol pro Woch. A wa mer haut d'Moyenne kucken, da si mer scho méi no bei véier- oder fënnemol an der Woch, well einfach d'Presenz vum Virus esou grouss ass, dass quasi all Klass permanent all Dag getest muss ginn.

Wann natierlech do awer en Träger vum enger Crèche nach zousätzlech Decisiounen hëlt a seet: „Ech kann d'Kanner nëmme weider huelen, wa se en negative PCR-Test hunn“, an dat eppes ass, wat net vum der Santé decidéiert ginn ass, da läit dat an der Responsabilitéit vum dem Bedreier vum där Crèche, vum där Struktur. An do ka weeder mäi Ministère nach de Santéministère eppes derfir. An et ass natierlech schued, dass d'Leit herno d'Gefill hunn, op eemol dann doheem bliwwen ze sinn an dann awer net vum deenen anere Mesuren deementspriedend konnte profitéieren.

Duerfir denken ech, ass et do wichteg, sech richtig ze informéieren an och ëmmer erëm en Appell un d'Träger ze maachen, fir datt si probéieren, déi Reegelen, déi dee Moment a Kraaft sinn, ze applizéieren, soss

kann ee schonn emol eng Kéier do an eng Situatioun kommen, an där herno d'Kanner respektiv hir Elteren déi Leidtragend dovunner sinn.

Mee nach eng Kéier: Et ass eis permanent Aufgab, fir déi Informatiounen richtig op den Terrain ze kréien, och bei d'Träger ze kréien, wat net einfach ass, well mer eis dach méi wéi eng Kéier jo an de leschten zwéi Joer zesummen hu missen ëmstellen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Educationminister Claude Meisch.

**8. Question urgente n° 5513 de M. Gusty Graas et de Mme Carole Hartmann relative aux délais d'attente pour ordonnances test PCR ainsi que pour ordonnances d'isolement**

Wéi virdrun decidéiert gouf, komme mer elo zur Question urgente Nummer 5513 vum Här Gusty Graas a vum der Madamm Carole Hartmann iwwer d'Waardezäite fir PCR-Test-Ordonnancen esouwéi fir d'Isolatiounsordonnancen. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Ech soen och der Madamm Minister direkt Merci, dass se elo wëllt mëndlech op eng Fro reagéieren, déi d'Kolleege Carole Hartmann an ech de Moien un Iech d'urgence gericht hunn, well et eeben eng Rei Problemer an deene leschten Deeg gouf. Virun allem, wéi gesot, wat d'Ausstelle vum den Ordonnancen ubelaangt. Wann eng Persoun als positiv detektéiert ginn ass, huet et allerdéings dann eng Zäitche gedauert, bis datt se déi néideg Ordonnance kritt huet, fir sech an den Isolement oder d'Quarantän ze beginn, respektiv fir d'PCR-Tester kënnen ze maachen.

An do hunn natierlech och eng ganz Rei Leit op der Helpline dann ugeruff, wat jo och verständlech ass. Ech mengen, et kënnt jo dann awer bei de Leit eng gewëssen Onsicherheit op, woubäi ee muss wëssen, dass natierlech, bedéngt och duerch d'Evolution vum deene leschte Wochen, d'Helpline, kann ech mer gutt virstellen, oft iwwerlaascht ass.

Mengen Informatiounen no sinn zwar elo zousätzlech 50 Leit do agestellt ginn, wat och ganz gutt ass, wat u sech misst zu enger Verbesserung féieren. Netdestotz sinn awer, wéi gesot, eng Rei Problemer do elo opgetaucht.

Duerfir hätt ech am Numm vu menger Kolleege, dem Carole Hartmann, a mir selwer dann eng Rei Froen un Iech elo hei ze stellen:

Éischtens, ob Der kéint déi Informatiounen bestätegen, dass et effektiv zu enger Rei Problemer do komm ass, dass heescht, dass d'Leit u sech d'Ordonnance kruten, nodeems praktesch hiren Delai schonn ofgelaf war, dass se nach missten an der Quarantän bleiwen.

VLäicht eng zweet Fro: Wéi vill Ordonnancé goufen dann an deene leschte Wochen elo ausgestellt mat Verspéidung? Dréttens dann och: Wéi vill Ordonnancé sinn op dem Stand vum haut dann och elo erausgeschéckt ginn? Ech wëll, wéi gesot, och nach eng Kéier hei ënnersträichen: Ech mengen, vu d'Situatioun ass et natierlech verständlech, dass et do zu enger Rei Problemer komm ass. Mee op där anerer Säit mengen ech, ass et awer och eis Pflicht, d'Bierger dobaussen ze informéieren, wéi d'Situatioun ass, firwat dass gewësse Retarden entstinn. Datt do och eng gewëssen Onsicherheit entstanen ass, ass, mengen ech, nozevollzéien.

An deem Sënn soen ech Iech schonn am Viraus villmools Merci fir d'Äntwerten.



**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Graas. D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President. De Merci, dee gëllt virop sécherlech net mir, mee de Leit aus dësem Service, déi hiert Onméiglechst de ganze Moie gemaach hunn, trotz dem Stress, deen am Service ass, fir mer déi Donnéeën hei elo zesummenzeschreien.

D'Informatiounen kann ech prinzipiell bestätegen. Ech ginn Iech Detailler dozou. Leit, déi positiv sinn, kréien an deem Fall eng SMS, an där den Autoisolement direkt recommandéiert gëtt. Souwäit eng Referenznummer fir d'Autodeklaratioun da méiglech ass, kréie se déi matgedeelt an da kënne se dat maachen.

Bei den Ordonnancë fir en Test no enger Autodeklaratioun vun engem Schnelltest hu mer zu dësem Zäitpunkt kee Retard méi. D'Leit kréien hir Ordonnance fir e PCR-Test maximal e puer Stonnen no hirer Autodeklaratioun geschéckt. Dat funktionéiert also ganz gutt an ass gudd arrodéiert.

Wat elo d'Ordonnancen, fir d'Isolementer an d'Quarantänen ze schécken, betrëfft, hu mer effektiv Retarde gehat. Dat zënter där massiver Erhéijung vun den Zuelen, déi nom Chrëschtweekend an d'Haus gefall ass. Do hu mer selbstverständlech Kenntnis dovunner. Déi Retarden, déi ginn an der Cellule de crise kommunizéiert a behandelt. An dertëscht natierlech ass deen zoustännegen Aarbechtsgrupp all Dag domadder befaasst. Mir hunn d'Automatiséierung zur Hëllef geholl. Dat brauch dann ëmmer eng Zäit, bis dat sech apendelt. Am Ufank funktionéiert dat net esou gutt. Mir hunn déi Erfahrung schonn eng Kéier gemaach virun engem Joer. Wann et awer bis dann en place ass, geet dat ganz gutt. Wéi gesot, do sinn aktuell keng Retarde méi.

Wivill Ordonnancë sinn an deene vergaangenen zwou Woche mat Verspéidung, dat heescht mat engem Delay vu méi wéi 24 Stonnen no der Deklaratioun vun engem positiven Test un déi concernéiert Persoun verschéckt ginn? Do kréien ech geschriwwen, dass déi lescht zwou Woche 50 % vun den Dossiere vun de positive Fäll innerhalb vun 28 bis maximal 56 Stonnen behandelt konnte ginn, also 28 bis maximal 56 Stonnen. 90 % vun den Dossiere vu positive Fäll sinn innerhalb vu 40 bis maximal 88 Stonnen behandelt ginn. Mir hunn do e relativ genaue Monitoring drop, soudass een dat gutt kann nokucken.

Am Ufank vum System vun der Autodeklaratioun ass dee System effektiv nach net richtig ugehooll ginn. Dat huet bedéngt, dass ronn 13.000 Ordonnancen no siwen Deeg per Post hu misse geschéckt ginn, well et net méiglech war, zum Beispill un d'E-Mail-Adresse vun deene betraffene Leit ze kommen. Bei der Iwwermëttlung vun de Resultater ass et och wichteg ze wëssen, dass mer oft Informatiounen net kréien.

*(Interruptions)*

Jo. Dat positivt Resultat gëtt eis vun de Laboe matgedeelt an da si mer natierlech op déi Donnéeën ugewissen, genau wéi bei der Autodeklaratioun. Mee do ass dat schéi strukturéiert, well een dat muss ausfëllen.

Et ass awer oft esou, dass eis weesentlech Informatiounen eebe feelen, eng falsch E-Mail-Adress oder iwwerhaupt eng E-Mail-Adress oder en Telefon. An da kënnt en Opwand hannendrun, well zum Beispill muss am Labo nogefrot ginn an dann, wann een dat bis huet, bei de Leit ugeruff ginn. Et ass also weesentlech méi opwändeg.

Am Laf vun der Woch huet d'Situatioun sech du weesentlech verbessert, soudass elo 50 % vun den Dossiere

vu positive Fäll eeben ënnerhalb vun 48 Stonnen an 90 % vun de positive Fäll ënnerhalb vun 72 Stonnen behandelt kënne ginn.

Wat elo d'Ordonnancë betrëfft, déi mat der Post verschéckt ginn, do hu mer aktuell och kee Retard méi ze verzechnen. Dat ass also relativ schnell opgeschafft ginn.

Sou, wivill Ordonnancë mussen, Stand haut, nach erausgeschéckt ginn? Mir hunn d'Situatioun vu gëschter Owend dann elo geholl, fir dat héichzerechnen. All d'Dokumente vu behandelten Dossieren, déi schonn an der Behandlung sinn, si verschéckt ginn, Stand gëschter Owend. Dat sinn, wann Der dat wëllt an Zuelen hunn, 2.658 Ordonnancë fir en Isolement. Dovunner sinn der 957 per Post erausgaangen. Et sinn 1.166 Dokumente gewiescht, déi Kontakter an der Schoul betreffen. Et sinn 992 Ordonnancen de quarantaine gewiescht an et si 744 Dokumente fir eng Regularisatioun gewiescht. Dat gëtt Iech e bëssen eng Iddi vun der administrativer Backoffice-Aarbecht, déi bei eis dagdeeglech esou leeft.

Wéi gesinn d'Prozedure fir d'Ausstellung vun den Ordonnancen aus? Ass virgesinn, dës ze acceleréieren, ugesiicht vun der aktueller Situatioun? Dat ass och eng Fro. Soubal e positivt Resultat vum Labo iwwermëttelt gëtt, geet eng SMS un déi betraffe Persoun eraus, fir eng Autodeklaratioun ze maachen. Dat geschitt direkt. Déi Leit, déi keng Autodeklaratioun maachen, déi ginn an der Reegel ugeruff, wat natierlech méi opwändeg ass. An deem Sënn kréie mer och dës Mount nach weider Personal vun der Réserve sanitaire bäi an och Volontairen. Dat ass e lafende Prozess. Mir hunn dat schonn oft évoquéiert. Do ass extreem vill Rotatioun dran. A mir wäerten och elo, well mer effektiv elo keng ganz previsibel Aushëllef kritt hu vun anere Verwaltungen an deem Mooss, an deem mer se brauchen, iwwert de Marché fueren.

Aner Upassung sinn am Moment keng konkret do, ausser dass mer all Woch och eis technesch Leit zesummesetze fir ze kucken, ob een de System kann optimiséieren. Mir hunn och eng Hotline, op där eis eebe Problemer gemellt ginn. An do ass eng Ekipp vu Leit, déi u sech am Wochentakt a souguer nach méi reegelméisseg sech zesummesetzen, fir eeben de System au fur et à mesure ze optimiséieren an unzepassen, souwäit dat méiglech ass.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Gesondheetsministesch.

## 9. Question écrite n° 5273 de M. Sven Clement et de M. Marc Goergen relative aux frais liés au traitement de la Covid-19

Mir kommen elo zur schrëftlecher Fro Nummer 5273 vum Här Sven Clement a vum Här Marc Goergen iwwert d'Behandlungskäschte vum Covid-19. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, déi Fro hei ass schonn e bësse méi al. Mir hu se virun zwee Méint gestallt. D'Regierung hat wéinst der Komplexitéit eng Verlängerung ugefrot, wou mer och kee Problem gesinn hunn. D'Fro ass e bësse méi komplex. Mir hunn awer gefrot, datt se dann haut kéint behandelt ginn, well mer muer awer eng Impfdebat heibanne féieren a sech awer verschidden Zuelen doraus kéinten als ganz interessant fir den Debat muer eraustellen.

D'Zeitung „Welt am Sonntag“ hat virun e bësse méi wéi zwee Méint d'Zuele vun den däitsche

Privatversicherungsgesellschaften publizéiert, laut deenen d'Behandlung vu Patiente mat schwéiere Covidkrankheetsverleef an der Moyenne 38.500 Euro kaschte géif. 10 % vun den ze beootmende Patientinnen a Patiente géife souguer iwwer 85.000 Euro Käscht verursachen. Eng stationär Behandlung an enger Klinik an Däitschland géif laut deem Bericht ëm déi 10.700 Euro kaschten. D'Zuelen, wéi vill d'Patienten d'Versicherunge bei Long-Covid-Symptomen kaschten, ginn awer an deem Bericht nach net gemellt.

An deem Zesammenhang wollt mer an Erfahrung bréngen, wéi et dann och hei zu Lëtzebuerg aussäit. Wéi vill huet an der Moyenne d'Impfcampagne kascht pro Persoun? Kënnen d'Minister aschätzen, wéi vill eng stationär Behandlung kascht, wann ee just an de Soin-normallen ass? Dann dat nämmelecht nach eng Kéier, wann ee fir d'Éischt stationär an duerno an de Soin-intensiven ass. Dann natierlech d'Fro nach eng Kéier: Wann et sech dann tatsächlech nach degradéiert an een och nach beotemt muss ginn op de Soin-intensiven, wou si mer da bei de Käschten? A kënne mer och nach an der Moyenne kucken, wéi vill an der Moyenne d'Behandlung vun engem Bierger bis elo kascht huet, dee wéinst Niewewirkunge vu Covid-19 behandelt gouf? Et ass jo net nëmme Covid-19, et kann ee sech och nach Komorbiditéiten afänken.

An da sechstens: Hunn d'Minister Zuelen zu de Käscht fir de Gesondheetssystem, wat de Long-Covid ugeet? Mir wësse jo och, datt dat bei awer bis zu zweestellige Prozenter vun allen Infizéierte sech ka manifestéieren an deementspreechend och do Behandlungskäscht ufalen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement. D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Jo, merci, Här President. An och merci fir dës Fro. Dat huet effektiv Zäit gebraucht. Dat ass ganz opwändeg, wéi Der elo gläich wäert gesinn, fir dat ze berechnen, awer sécherlech net oninteressant, esou en Exercice ze maachen.

Mir hunn dat gemaach. Wat hu mer a Consideratioun geholl? Wann ee mat Zuele kënnt, muss et ëmmer kloer sinn, vu wat ee schwätzt. Hei am Niveau vun eiser Bevëlkerung hu mer d'Lëtzeburger Awunner zrëckbehalen, déi am Moment vun der Spidolsadmissioun eng valid, also eng gëlteg Affiliatioun bei der Gesondheetskeess haten. A fir dës Käscht ze berechnen, goufen och just national Spidolsopenthalter agebonnen, déi am Joer 2020 ugefaangen hunn. Firwat? Well mer fir 2021 nach net déi néideg Donnéeën hunn. Do sinn déi Käscht nach net disponibel.

D'Käscht, déi fir d'Berechnung integréiert goufen, si ganz ënnerschiddlech Käscht. Dat ass eemol de Spidolsopenthalt, dat sinn awer och déi medezinesch Akte vun den Dokter, déi dësem Openthalt da kënnen zougedelt gi während dem Openthalt an déi och bis haut vun der CNS rembourséiert goufen. Do ass eventuell och nach en Delta. Mir hunn ons op dat baséiert, wat bis elo rembourséiert gouf. Dann awer och nach all aner Akten a Services, déi mat engem Openthalt kënne gelinkt ginn.

Wat ass dat? Wat muss ee sech do kënne virstellen? Dat si Laboanalysen, et sinn Dispositifs médicaux, et si Medikamenter an esou weider. A Käscht aus den auslännesche Spideeler, déi ugefall sinn, well Patienten eventuell an d'Ausland verluecht gi sinn, hu mer hei keng Rechnung gedroen. Déi falen awer och net an d'Woschuel. Mir hunn dat jo net massiv gemaach hei an och net wierklech covidspezifesch gemaach.



Et ass awer wichteg, drop hinweisen, dass een dës Zuele ganz virsiichteg behandle muss, grad wann een an de Verglach mat Däitschland geet, well de System grondleeënd en aneren ass. Den Tarifikations-system vun de Spideeler an Däitschland baséiert op Forfaite fir verschidde Behandlungen an dat fält an d'Kategorie vun deem, wat een „diagnostic-related groups“ nennt an dat ass eppes ganz aneres wéi d'Tarifikatioun hei an de Lëtzebuurger Spideeler. Do gëtt op d'Aktivitéit am Fong geholl remuneréiert. Dat ass d'„rémunération à l'activité“.

Wat bedeit dat? Dat ass eng retrospektiv Schätzung opgrond vu vergaangenen Akten, déi dann no vir projezéiert ginn a quantifiéiert ginn. Also dat ass eppes Grondverschiddenes an dofir kann een dat schwéier esou direkt vergläichen.

Deen Ennerscheid féiert dozou, dass an Däitschland zum Beispill deenen Extremwäerter net esou vill Rechnung gedroe gëtt, wéi dat hei zu Lëtzebuerg de Fall ass, wou mer beim konkreeten Akt sinn.

D'Käschten aus de Spideeler spigelen trotzdem net onbedéngt all d'Ressourcen zréck, déi fir d'Behandlung vum Traitement néideg waren, mee éischter eng Moyenne vu verschiddene Ressourcëkäschten, déi e Service am Spidol iwwert dat ganz Joer eebe bezuelt krut. Zousätzlech zum Beispill ass am Tarif vun der Gesondheetskeess just en Deel vun de Käschten als Amortissement vum Gebai an och vun der Infrastruktur dran. Also dat sinn 20 %, well de Rescht ass schonn am Viraus dann iergendwéi iwwert de Staatsbudget eebe finanziéiert ginn.

Par rapport zu wat bis Enn November dem Staat a Rechnung gestallt gouf, wat elo d'Campagne betrëfft vun der Vaccinatioon, do hu mer eng Rechnung gemaach. Do komme mer, wéi gesot, op eng administréiert Dosis, déi de Staat dann all Frais inclus ëm déi 60 Euro kascht. Als Informatioun: Am Géigenzuch kascht een Dag op enger Intensivstatioun ëm déi 1.600 Euro den Dag, an dat net emol fir e Covid-patient. Mee do kommen ech herno am Detail drop zréck. Mir hunn och déi Berechnung gemaach. Bei der Covidpatienten leien dës Käschte forcement bedei-tend méi héich, vu déi komplizéiert Prise en charge, déi do usteet.

Da wëllt Der wëssen, wéi vill eng stationär Behandlung vun engem Bierger wéinst Covid-19 an enger Klinik kascht. Voilà. Majo, am Joer 2020 sinn 1.990 stationär Behandlungen wéinst Covid-19 gewiescht, déi am Duerchschnitt 17.110 Euro kascht hunn. Déi deierst 10 % vun dësen Openthalter, déi hu méi wéi 36.779 kascht. An de Medianwäert fir déi Leit, déi un Zuelen interesséiert sinn, dee läit bei 8.085 Euro, dat heescht wäit ënnert dem Duerchschnitt, well et eeben eng Rei Openthalter gëtt, déi d'Verdeelung vun de Ressourcen extreem no uewen zerrt. Voilà.

Da frot Der eng Aschätzung, wéi vill d'Moyenne vun der Behandlung bei engem Bierger kascht, dee wéinst Covid-19 fir d'éischt stationär an dann intensiv zu Lëtzebuerg behandelt ginn ass. Och dat hu mer hikritt. Am Joer 2020 goufen et 286 Intensivbehandlungen wéinst Covid-19 am Spidol, déi am Duerchschnitt 56.919 Euro kascht hunn. Hei och erëm eng Kéier: Déi deierst 10 % - et ass esou, wéi mer et berechent hunn - vun dësen Openthalter hu méi wéi 126.692 Euro kascht. De Medianwäert läit an deem heite Fall bei 36.553 Euro. Och hei erëm eng Kéier wäit ënnert dem Duerchschnitt mat deem selwechten Argument oder mat där selwechter Erklärung, dass eeben eenzel Fäll d'Verdeelung extreem kenne verzerren.

Da frot Der eng Aschätzung vun der Moyenne, déi d'Behandlung vun engem Bierger kascht, dee wéinst

Covid-19 op der Intensivstatioun beotemt muss ginn. Dat ass jo nach eng aner Kategorie. Am Joer 2020 erëm eng Kéier, hate mer 173 Intensivbehandlungen mat kënschtlecher Beootmung wéinst Covid, déi am Duerchschnitt 70.719 Euro kascht hunn. Hei erëm eng Kéier: Déi deierst 10 % vun dësen Openthalter leie bei méi wéi 152.440 Euro mat engem Medianwäert vu ronn engem Drëttel, 53.126 Euro, deen hei och - net verwonnerlech - d'Moyenne erëm eng Kéier dréckt.

Da frot Der fir ze chiffréieren, wéi vill an der Moyenne d'Behandlung vun engem Bierger bis elo kascht huet, dee wéinst Niewewierkunge vu Covid-19 behandelt gëtt. Do kann ech Iech leider keng Chiffere ginn. Déi hu mer esou net geféiert an och net zesummekritt. Ech mengen, dat brauch nach e bësse Recul.

D'Käschten da fir de Gesondheetssystem vu Patienten, déi ënner Long-Covid leiden: och do kann ech Iech just eng Deelantwort ginn, déi awer net oninteressant ass, wat déi materiell Ressourcen uegt. Dir wësst, dass mer do deen nationale Projet lafen hunn, dee Long-Covid-Pilotprojet vun enger Dauer vu sechs Méint. Wat ass do deblockéiert ginn? Nei technesch Plateau fir d'Prise en charge vun de Patienten fir e Betrag vun 257.486 Euro si geschaaft ginn. A wat déi personell Ressourcen uegt, leien d'Personalkäschten bei zwielef Équivalents temps plein fir sechs Méint, dat heescht, e Käschtepunkt vun nach eng Kéier 757.093 Euro fir déi Personalkäschten.

Déi medezinesch Fraisen am Zesammenhang mat der Prise en charge vun de Long-Covid-Patienten gi ganz normal vun der Gesondheetskeess iwwerholl an déi krute mer elo, à ce stade op alle Fall, net esou erausgefiltert. À voir, ob mer dat an Zukunft kenne gemaach kréien. Et ass op alle Fall elo nach kee Mechanismus en place, deen dat elo esou kuerzfristig erlaabt hätt ze erfassen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Gesondheetsministesch.

Mir kommen dann zur schrëftlecher Fro Nummer 5407 iwwert d'Prise en charge vun de Fréigebueren vun der Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

Madamm Oberweis, wëllt Der déi Fro stellen?

(Interruptions)

**Plusieurs voix** | Dir musst net.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Ech hu keng Fro gefrot. Ech weess net, wat Der mengt. Et deet mer leed. Ech weess net, wéi eng Fro Der mengt.

**M. Fernand Etgen, Président** | Da musst Der op déi schrëftlech Antwort waarden, bis Der geäntwert kritt op déi Fro.

(Interruptions)

## 10. Question écrite n° 5409 de M. Léon Gloden et de M. Jean-Paul Schaaf relative au service de garde dans la maison médicale d'Ettelbruck assuré par un médecin sanctionné par le conseil de discipline du Collège médical

Mir kommen dann zur schrëftlecher Fro Nummer 5409 vum Här Léon Gloden an dem Här Jean-Paul Schaaf iwwer en Dokter, dee vum Collège médical sanktionéiert gouf an am Service de garde vun der Maison médicale zu Ettelbréck schafft. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

**M. Léon Gloden (CSV)** | Merci, Här President. Et ass eng Fro, déi ech zesumme mam Kollege Jean-Paul Schaaf den 19. Dezember gestallt hunn an d'Madamm Gesondheetsministesch huet eis wësse gedoen, dass se bereet wier, déi haut mëndlech ze beäntweren.

Et ass un eis erugedroe ginn notament, dass den 11. Dezember 2021 en Dokter, dee vum Collège médical - also vum Conseil de discipline, fir prezis ze sinn - condemnéiert ginn ass ... Géint déi Decisioun huet en awer Appell gemaach. Ech wëll dat hei preziséieren. An deen Dokter, dee bekannt ass fir seng kontrovers Meenungen iwwert de Covid, huet notament den 11. Dezember den Urgendéngscht an der Maison médicale zu Ettelbréck assuréiert.

Ech ënnersträichen och, dass d'Maisons médicales etabliert sinn op Basis vun enger Konventioun tëschent der AMMD an dem Santéministère.

Duerfir eis Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch: Ka si confirméieren, dass dësen Dokter de façon régulière, also systematesch, zu Ettelbréck an der Maison médicale den Urgendéngscht mécht an notament den 11. Dezember 2021 deen Urgendéngscht assuréiert huet? Wann d'Antwort vun der Madamm Ministesch op déi Fro positiv ass: Fënnt si dat normal, dass en Dokter mat esou enger Haltung en Urgendéngscht an enger Maison médicale assuréiert? Kann d'Madamm Ministesch an Zukunft garantéieren, dass deen Dokter dann, wann e weiderhin deen Urgendéngscht därer assuréieren, seng Patienten, déi Patienten, déi do traitéiert ginn, net mat senger perséinlecher Coronaconvictioun belastegt?

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Gloden. D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President. Ech gesinn, dass verschidden Deputéiert gutt iwwert d'Contenue vun den Disziplinarverfahren informéiert sinn. Ech halen dat heiten abstrakt. Ech ginn Iech Äntwerten, wéi esou e Fall theoreetesch ze gesinn ass, well ech net mengen, dass et gutt ass, Prozesser op d'effentlech Plaz ze bréngen an ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden (CSV)** | Ech hunn net de Prozess am Sënn ...

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Nee, ech ginn Iech jo gären eng Antwort.

**M. Léon Gloden (CSV)** | Ech hunn net de Prozess ..., ech hunn net de Prozess ...

(Coups de cloche de la présidence)

Nee, nee, ech hunn net de Prozess op d'effentlech Plaz gesat. Ech hunn eng Fro gestallt net par rapport zum Prozess.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Dir kritt eng Antwort zu deem Prozess, deen Der mengt an deen Der gutt kennt. Laut Artikel 6 (3) vum Dokteschgesetz vun 1983 ass all Generalist verpflichtet ze participéieren bei dem Remplacement eeben an deene Garden, déi an deene Maison-médicale vun eisem Land sinn. Dat ass eng Verflichtung, déi den Dokter huet iwwert d'Gesetz.

A mir hunn en aneren Artikel, den Artikel 36 vum Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Collège médical justement, dat hei an der Chamber esou zréckbehale ginn ass, deen ausdrécklech virgesäit, dass souwuel den Appell wéi och den Delai, fir Appell géint eng Decisioun vum Conseil de discipline vum Collège médical ze maachen, en „effet suspensif“ huet.



**Une voix** | Richtig.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Wa mer elo de Fall huelen, dass en Dokter condemnéiert gi wär - wat weess ech, Mëtt Juli oder esou - an och eng Interdiction d'exercice gesprach kritt hätt, dann ass et sai Recht, Appell ze maachen. A während deen Appell leeft, gëllt laut Gesetz, wéi et vun dësem Haus hei verabschit ginn ass, en Effet suspensif.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Do hu mer also keng Méiglechkeet, eppes ze maachen, soulaang net an zweeter Instanz esou eppes confirméiert ginn ass.

Ech kann also net ausschléissen, dass Leit, déi an esou enger Situatioun sinn, ganz normal hiren Déngscht maachen. Dat ass hir gesetzlech Verpflichtung iwwert dat anert Gesetz. An do gëtt et u sech keng Dispositioun, déi eis eng Handhab géif ginn, eppes aneres ze maachen, oder eng zousätzlech Strof. Mir kënne jo net zousätzlech Strofen iwwert d'Gesetz eraus schwätzen oder Exklusivone schwätzen, wou mer keng Handhab hunn.

Da frot Der, ob mir kënne garantéieren, dass déi Dokteren net Saache soen, déi net de Richtlinie vun der Regierung oder sonstge Saachen entsprechen. Dat kann ech Iech selbstverständlech net garantéieren. Den Dialog tëscht dem Dokter a sengem Patient ënnerläit dem Secret médical. An ech hat et virdru schonn erwänt: Ech mengen, de Santéminister kann a soll net present sinn an der Praxis vum Dokter. Mee selbstverständlech: Wa Plainte kommen - an där hu mer - a wa Plainen un ons eruge droe ginn, da gi mer dat weider eebe justement bei de Collège médical, fir dass do an deene richteg Gremien, déi fir d'Disziplin zoustänneg sinn, Decisiounen geholl ginn.

Wéi gesot, vun eis aus kënne mir eis net améschen, wat tëschent engem Dokter a sengem Patient beschwat gëtt. A wann eis eppes zu Ouere kënnt iwwert de Wee vun enger Plainte, an där Fäll hate mer a wäerte mer warscheinlech och nach hunn an Zukunft, dann hält dat sai Wee. Da gi mer déi weider, fir dass eebe justement kënne beim Collège médical déi Decisiounen geholl ginn ënnert deene juristesche Garantien, déi hei am Land gëllen. An déi sinn net a menger Hand hei an elo ze änneren.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, der Madamm Gesondheitsministesch.

## 11. Question écrite n° 5431 de M. Jeff Engelen relative à l'introduction du système 3G au travail

A schliisslech komme mer zur schrëftlecher Fro Nummer 5431 vum Här Jeff Engelen iwwert d'Aféierung vum 3G op den Aarbechtsplazen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Den 3G gëllt op der Aarbechtsplaz vum 15. Januar un. Wat déi praktesch Ëmsetzung vun dësem Dispositiv ugeet, hate mer den 23. Dezember 2021 e puer Froe gestallt. An zwar éischters: Wou kann ee méindes moies virun aacht Auer e valabelen zertifizéierten Test virleeën, wann d'Apdikten eréischt no aacht Auer opginn an d'Gëltegkeet vun engem Test op 24 Stonne begrenzt ass?

Eng vun deene wéinege Méiglechkeeten ass deemno, fir sonndes an eng Apdikt ze goen, déi Déngscht huet, fir méindes moies e gültigen Test virleeën ze kënnen.

Do war eis Fro: Sinn aner Méiglechkeete virgesinn, datt d'Leit méindes moies op hirer Aarbecht e gültigen Test virweise kënnen?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwert.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. An da wier et eng leschte Kéier un der Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Jo. Merci, Här President. Mir kënnen eise Laboratoire natierlech net virschreien, wéini se opzehunn hunn oder net. Mee ech kann Iech awer informéieren, dass op alle Fall ee vun de Lëtzebuerger Laboratoire fir d'medezinnesch Analysen och elo op verschiddene vu senger Sitte sonndes op ass an och do dann erméiglecht, certifiéiert Schnelltester ze maachen, déi 24 Stonne gëlteng sinn an déi dann domadder och erlaben, méindes moies schaffen ze goen.

Bei den Apdikten muss ech Iech enttäuschen. Mengen Informatiounen no ass et esou, dass déi Lëtzebuerger Apdikte sonndes just e Service de garde ubidden a keng Schnelltester maachen. Dat ass op alle Fall meng Erfahrung, wéi ech eng Kéier ee gebraucht an ugeruff hunn.

Doriwwer eraus hu mer awer zousätzlech - do géif ech gären drop opmierksam maachen - déi Méiglechkeet, déi iwwert d'Armée elo ugebuede gëtt, fir déi Leit, déi eng éischt Impfung hunn. Déi kënne vun deenen Testméiglechkeete Gebrauch maachen an déi sinn och sonndes op. Wéi gesot, an anere vun eise Laboen op verschiddene Sitte gëtt dat entre-temps och ugebueden.

Ech soen Iech merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Gesondheitsministesch.

## 12. 7477 - Projet de loi portant modification de la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles

Den nächste Punkt op eisem Ordre du jour vun de Mëtteg ass de Projet Nummer 7477, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den Naturschutz.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Martine Hansen, den Här Max Hahn, d'Madamm Cécile Hemmen, den Här Fred Keup, d'Madamm Myriam Cecchetti, den Här Marc Goergen an den Här Gilles Roth. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vom Projet de loi, den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire**

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Hären, virun dräi an engem hallwe Joer stoung den deemolege Rapporteur Henri Kox hei um Pult an huet, no laangen Aarbechten an intensiven Diskussionen an der Ëmweltkommission, un deenen och d'Carole Dieschbourg an de Camille Gira bedeelegt waren, un deen ech haut speziell denken, dat neit Naturschutzgesetz presentéiert.

An ech zitieren: „[...] en Naturschutzgesetz, wat déi natierlech Liewensgrundlage vun eisem Land a vun eisen Awunner längerfristeg besser schützen a restauréiere soll, en Naturschutzgesetz, wat och de Mënsch schützt duerch proppert Waasser, intakt Biedem a gesond Loft.

Dëst neit Naturschutzgesetz ass eng Leitplank, fir déi zukünfteg Entwécklung vun eisem Land ze begleeten.

Dëst neit Naturschutzgesetz steet fir Präventioun, d'Erhaltung an d'Restauratioun vun ekologesche Systemer, d'Miniméierung vum Flächenverbrauch, méi Transparenz an administrativ Vereinfachung a kloer Reegelen, méi Matsprooch an Zesummenaarbecht, méi professionell a sënnavoll Kompensatiounsmoossen, de Schutz vu gudde landwirtschaftleche Biedem a manner Spekulation op landwirtschaftleche Flächen.“

Nodeems d'Naturschutzgesetz e puer Joer a Kraaft ass an um Terrain éischt Erfahrung gemaach goufen, maache mir haut mam Gesetzesprojet 7477 eng Modification ponctuelle vum Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018, fir den Naturschutz weider ze stäerken, d'Ëmsetzung vum Gesetz ze verbesseren an administrativ Hürden ofzebauen. Mir maache keng fundamental Changement um Naturschutzgesetz, mee Upassungen, fir et um Terrain besser ëmsetzen ze kënnen.

D'Ëmweltministesch huet d'Gesetz virun zwee Joer, de 24. September 2019, deposéiert. Den Avis vum Staatsrot krute mer ee Joer méi spéit, den 20. November 2020. A mir hunn d'lescht Joer intensiv an der Ëmweltkommission un dësem Text hei geschafft. Mir hate ganzer aacht Sitzungen. An d'lescht Woch hu mer dunn de Rapport ugehall.

Här President, Dir Dammen an Hären, d'Hauptzil vum Gesetzesprojet, wéi en deposéiert gouf, war, fir déi stroferechtlech Ëmsetzung vum Naturschutzgesetz ze garantéieren. Et huet sech nämlech erausgestallt, dass verschidde penal Dispositiounen net prezis genuch waren. Dës Ännerunge ginn notament am neien Alinea 1 vum Artikel 75 gemaach, eebe grad, fir den Text ze klärfieren, fir eng besser Applikatioun a Sécurité juridique ze garantéieren.

Et ginn och nei Elementer integréiert: zum Beispill d'Mutilatioun oder d'Destruktioun vu wëllen Déieren. D'Sanktiounen ginn och ugepasst un Ännerungen, déi mer am Text maachen: zum Beispill d'Zerstéierung vun Arbres remarquables.

D'Verankerung vun de Biotopen am Gesetz, den Artikel 3 an d'Annex 8, amplaz an engem Règlement grand-ducal ass d'Äntwert op en Arrêt vun der Cour constitutionnelle, dee gesot huet, dass d'Biotope mussen am Gesetz definéiert ginn, fir dass ee Sanktiounen op Infraktiounen par rapport zu de Biotope ka setzen. An der Annex vum Gesetz ginn also d'Biotopen opgeléicht.

Et gëtt och definéiert, wat d'Reduzéierung, d'Destruktioun oder d'Deterioration vu geschützte Biotopen ass.

Här President, Dir Dammen an Hären, Ëmweltkriminalitéit ass kee Kavaléiersdelikt. An dofir gëtt an deem heite Gesetz och d'Strofmooss eropgesat, an zwar op aacht Deeg bis zu dräi Joer. Notament, well een dann d'Ëmweltkriminalitéit besser pousseiere kann duerch méi Moyens d'enquête.

De Projet de loi huet sech beim Eropsetze vum Strofmooss un d'Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 ugeleent, mee och aner Ëmweltgesetzgebungen hu mer an de leschte Joren an deem Sënn ugepasst. Zum Beispill d'Gesetz iwwert d'Polluants organiques persistants virun zwee Joer. Mir sinn also hei an der Kohärenz vun Texter respektiv an der legislativer Aarbecht, wéi mer se zënter enger Zäitchen hei maachen a wéi se och wäert weidergoen, wéi op alle Fall de Wëllen ass fir weidergoen.

D'Hiewe vum Strofmooss gouf notament vum Parquet gefuerdert. Mee och op internationalem Niveau ass d'Fuerderung komm, fir bei Ëmweltdeklit d'Sanktiounen eropzeschrauwen, fir dass se hire



repressiven an dissuasive Rôle richtig kenne spielen. Dat war och eng Konklusioun vum Rapport vum Conseil vun der Europäescher Unioun zur Evaluatioun vum Émgang mat der Émweltkriminalitéit zu Lëtzebuerg.

An dem Text ginn awer och e puer Erreurs matérielles verbessert a Prezisioune gemaach, fir eng besser Lisiibilitéit ze garantéieren a méi Rechtssécherheet ze hunn.

D'Bestëmmungen dann an de Schutz vun den Arbres remarquables ginn an d'Naturschutzgesetz geholl a sinn net méi am Denkmalschutzgesetz, wéi et bis elo de Fall war.

Da schafe mer eng Basis fir e Règlement grand-ducal fir de Canotage, wou dann d'Period, d'Plazen an d'Modalitéite fir dës Sports- a Fräizäitaktivitéiten op onse Gewässer an aller Kloeerheet kenne gereegelt ginn.

Mir ginn ons dann och méi Flexibilitéit bei den Autorisatiounen bei Gebaier an der Gréngzon. Och Niewerberuffer kënnen an Zukunft kleng Gebaier fir Landwirtschaft, Gaardebau oder Geméisbau an der Gréngzon opriichten. Bei existéierende Gebaier an der Gréngzon kënnen an Zukunft an Ännerunge baussent dem Gebai gemaach ginn - zum Beispill e Gelänner oder morsch Träpen, wann eng Dier futti ass -, ouni awer un d'Statik vum Gebai ze goen!

Am Kader vun den Aarbechten an der Chamberskommissioun hu mer dann awer och e puer weider Dispositiounen an d'Naturschutzgesetz mat opgeholl, déi am deposéierte Gesetzesprojet net virgesi waren. Émmer nach bei de Gebaier an der Gréngzon: Wann e Schued duerch Force majeure um Hauptwunnsätz an enger Gréngzon passéiert, zum Beispill bei engem Extremwieder wéi engem Tornado oder Iwwerschwemmungen, da kann d'Gebai erëm opgeriicht ginn.

Da gëtt d'Naturschutzgesetz op d'Liichtverschmutzung erweidert, fir Mënschen, Déieren a Planze besser virun de schiedleche Konsequenze vum kënschtleche Liicht an der Nuecht schützen. Mir ginn hei eng Definitiou. An do, wou eng Autorisatioun vun dem Émweltministère an der Zone verte gebraucht gëtt, kann d'Liichtverschmutzung da reduzéiert ginn.

Da gëtt d'Virkaftsrecht vum Staat, vun de Gemengen a vun de Gemengesyndikater op onbebaute Kadasterparzelle laanscht d'Waasserleef ausgeweit, fir dass se méi séier an einfach Terrain fir Renaturéierungen a Mesuren am Waasser- an am Héichwaasserschutz kenne kréien.

A wann e Biotop duerch eng Moosssnam am Kader vun engem Aktionsplang verbessert gëtt, muss keng Evaluatioun vun den Ökopunkte méi gemaach ginn.

Kompensationsmesuren ausserhalb vum Flächepool musse prioritär an der selwechter Gemeng, an den Nopeschgemengen oder am selwechte Secteur écologique duerchgefuert ginn.

An da géif ech eppes drénken, wann ech vläicht just nach e Glas kéint kréien, wannechgelift. Merci.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech maachen da weider mat den Avisen.

Merci. De Max Hengel huet mech inspiréiert.

**Une voix** | Loosst Iech et gutt schmaachen!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Loosst Iech net ze vill inspiréieren!

(Hilarité)

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Et hântk dovun of vu wiem. Bon.

**Une voix** | A!

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Hären, de Staatsrot huet a sengem éischten Avis den 20. November 2020 eng Partie Remarque gemaach an och fénnef Opposition-formellen. Virun allem ass et hei ëm Prezisioune gaangen, déi e sech gewënscht huet, ënner anerem och wéinst potenzielle juristeschen Onsécherheeten.

Dann am Avis complémentaire vum Staatsrot, deem de 16. Juli 2021 koum, huet en de Constat gemaach, dass d'Kommissioun zum groussen Deel seng Consideratiounen opëhlt an d'Opposition-formellen opgehuewen, awer et koume Remarken zu den neien Amendementer, zu den Amendementer, déi mer gemaach hunn.

A sengem zweeten Avis complémentaire huet de Staatsrot du keng weider Observatiounen um Fong méi gemaach, just nach un der Legistik, déi mer dunn iwwerholl hunn.

Bei der Elaboratioun vum Rapport sinn ons awer nach op zwou Plaze Saachen opgefall, wou mer Begrëff-lechkeeten, déi mer an onsen Aarbechten zréckbehalen hunn, net iwwerall an deem Sënn iwwerholl hunn. An dofir hu mer dat nach ugepasst a mir hunn de Staatsrot d'lescht Woch doriwwer an engem Bréif informéiert.

Da koume bei deem heite Gesetzesprojet awer och nach eng ganz Partie aner Avisen eran: D'Handwierkerkummer hat keng Observatioun.

D'Handelskummer ass frou, dass e Suivi gemaach ginn ass bei deem Gesetz, an dass Ännerunge gemaach gi sinn, fir méi Sécurité juridique ze hunn.

D'Staatsbeamtekummer freet ënner anerem méi Flexibilitéit bei Renovatiounen a Rekonstruktiounen an der Gréngzon.

De Syvicol, dee wëllt, dass den Naturschutz manner streng gëtt, an dass méi Wäert op Sensibilisatioun geluecht gëtt. Si fannen et zum Beispill awer och gutt, dass no enger Force majeure e Gebai an der Gréngzon erëm kann opgeriicht ginn.

Dann, bei enger Gefor duerch en Arbre remarquable, froe se, dass deem direkt misst kënnen ewechgemaach ginn. Heifir gëtt jo eng Autorisatioun vun dem Minister gebraucht, dee fir d'éischt muss feststellen, dass e wierklech an engem schlechten Zoustand ass, de Bam. Wou am Ufank nach gesot ginn ass, dass e spezialiséierte Büro déi Expertise misst maachen, hu mer eis awer duerno dunn drop géeeenegt, dass dat vun engem Agent vun der ANF ka gemaach ginn. Dat heescht, dat ka ganz séier a praktesch gemaach ginn.

De Stater an den Dikrecher Parquet froe Prezisiounen a proposéiere Modifikatiounen, deenen d'Kommissioun gréisstendeels Rechnungen gedroen huet.

Da kommen ech bei den Avis vum dem Mouvement écologique. Dee mécht sech a sengem Avis Suergen ëm den Zoustand vun der Natur. Et missten awer och Upassung vum Naturschutzgesetz gemaach ginn, fir dass d'Gesetz besser géif akzeptéiert ginn. De Mouvement écologique huet och eng Partie Propositionen gemaach, déi mer am Kader vun onsen Aarbechten an der Kommissioun opgeholl hunn, zum Beispill d'Liichtverschmutzung, zum Beispill d'Verstäerkerung vum Virkaftsrecht vun de Gemengen an dass bei Verbesserungen keng Ökopunkte musse berechent ginn.

An der Diskussioun an der Kommissioun hu mer awer och iwwer aner Propositionen geschwat, zum Beispill déi Fro vun engem juristisch verbindleche Biotopkadaster. Dat géif d'Saach net onbedéngt méi einfach maachen an dofir hu mer dat och net zréckbehalen, am Sënn och vun enger Simplification administrative.

D'Biotop sinn, wéi gesot, am Gesetz prezis definiert.

Dann d'Iddi vun der „Natur auf Zeit“, also d'Iddi, dass wann e Biotop innerhalb vun engem Perimeter entsteet, well keng Gestiou gemaach gëtt, deem dann net kompensatiounsflächeg wär. Mee och do stelle sech eng ganz Rei Froen, sief et administrativ Froen, respektiv och, wéi een dat géif maache genau, ob een do misst da systematesch registréieren, wéi den Ufankstadium vun enger Parzell ass. Wat mécht een, wann dann do op eemol eng héich geschützten Aart fonnt gëtt, an esou weider.

Am Mee zejoert dunn, zwee Méint nodeems mer als Kommissioun ons Amendementer zréckbehalen haten an un de Staatsrot zréckgeschéckt hunn, huet d'CSV nach eng Partie Ännerungen um Text proposéiert. Vill vun deene Punkten hat d'Kommissioun virdrun och scho bei hiren Aarbechten thematiséiert. Eng Rei vun den Amendementer, déi se proposéiert hunn, goufen och schonn 2018 an der Kommissioun gemaach respektiv debattéiert. A vill vun deene proposéierten Amendementer vun der CSV hätten d'Naturschutzgesetz grondleeënd geännert, wat u sech net den Zweck vun dëser Gesetzesännerung war, respektiv och net de Wonsch war vun dëser Majoritéit.

Et geet hei notament ëm déi fundamental Fro, wat an der Gréngzon dierf gebaut ginn respektiv erëm opgebaut ginn. An der Kommissioun gouf rappéléiert, dass eng Gréngzon am Fong geholl eng „zone destinée à rester libre“ ass, an duerno leeë mer am Fong d'Prinzipie fest, wie legitiméiert gëtt, fir awer Neies an der Gréngzon ze bauen respektiv ze änneren.

D'CSV huet do notament proposéiert, dass mer d'Aktivitéiten, fir déi mer e Gebai an d'Gréngzon dierfe bauen, méi breet géifen opmaachen, dass et misst méiglech si fir Baueren, zum Beispill eng Hondspensioun, eng Buvette oder eng Reithal op hirem Betrib an der Gréngzon ze exploitéieren.

Mir hunn dat an der Kommissioun diskutéiert an et ass constatéiert ginn, dass et fir de landwirtschaftleche Secteur ëmmer méi schwéier gëtt, fir Terrainen ze fannen fir hir Produktioun respektiv fir Ställ an esou weider, an dass ee mat esou Ouverturen den Drock op den Terrain also eigentlech nach méi grouss géif maachen.

Am Naturschutzgesetz limitéiere mer eis op Saachen, déi och effektiv direkt eppes mat der landwirtschaftlecher Aktivitéit ze dinn hunn. D'ailleurs hu mir am Gesetz eng Öffnung gemaach fir méi Diversifizéierung an der Landwirtschaft, nämlich dass niewerberufflech Baueren elo kenne Gebaier opriichten.

Dann huet d'CSV an der Kommissioun och d'Iddi presentéiert, dass d'Gemengen oder Privater am Viraus sollen d'Méiglechkeet hunn, Ökopunkten ze sammeln, fir dann zu engem méi spéiden Zäitpunkt eng Zerstéierung domat kënnen ze kompenséieren. Hei ass an der Kommissioun ënnerstrach ginn, dass ee muss d'Differenz maachen tëscht Mesuren, déi mer huelen, fir d'Natur ze stäerken oder ze schützen, an der Kompenséierung. Dat eent, dat maache mer proaktiv an dofir gëtt et och eng ganz Rei Aidë vu verschiddenste Plazen. Mir hu kierzlech och zum Beispill den Naturpakt an deem Sënn och hei gestëmmt. D'Kompenséierung, déi mer maachen, ass op där anerer Säit awer, fir eng Zerstéierung, déi mer op enger anerer Plaz maachen, auszegläichen. Wa mer déi zwou Saache vermëschen, da stelle mer eigentlech de proaktiven Naturschutz a Fro.

Och d'Iddi vun der „Natur auf Zeit“ huet d'CSV als Amendement abruecht an ech si virdru schonn drop agaangen: Et gouf gemengt, dass dat d'Saach op alle Fall net méi einfach géif maachen.



Här President, Dir Dammen an Hären, an de leschte Jore goufe ganz vill Efforten am Beräich vum Naturschutz gemaach. An et gött bei ons och e puer positiv Meldungen, wat Aarten ugeet. An ech wëll dofir vun dëser Plaz wierklech alleguerten deene villen Acteuren, déi am Naturschutz um Terrain schaffen, villmools Merci soen. Mee d'Situatioun zu Lëtzebuerg bleift, wat d'Natur ugeet, awer net gutt. Zweek Drëttel vun den natierleche Liewensraim sinn an engem net gudden respektiv an engem schlechten Zoustand, virun allem, wat Offeland ugeet a wat Fiichtgebidder ugeet. Véier Fënneftel vun de wëll liewenden Déieren a Planzenaarte sinn an enger prekärer Situatioun. An eebe grad weinst deem Constat brauche mer e staarkt Naturschutzgesetz, wat eeben déi néideg Leitplanke setzt, wéi de Rapporteur vum Naturschutzgesetz dat 2018 sot.

Mat den Upassungen an dësem Gesetzesprojekt suerge mer eeben derfir, dass de Staat déi Moyenen huet, déi e brauch, fir d'Natur ze schützen respektiv géint d'Zerstéierung vun der Natur virzegoen. Gläichzäiteg maache mer Upassungen, fir d'Ëmsetzung vum Gesetz ze verbesseren an auszebauen grad wéi administrativ Hürden ofzebauen.

Wann een dann awer bedenkt, an ech beruffe mech do op de Reporting am Kader vun den Naturdirektiven, dass d'intensiv Landwirtschaft, d'Zersiidlung an d'Verbaue vun der Landschaft Haaptresponsabel si fir de schlechten Zoustand vun onser Natur, da muss een natierlech constatéieren, dass d'Leitplanke vun dem Naturschutzgesetz aleng net duerginn, fir dës groussen Challenge vum Aartestierwen an dem Naturschutz an de Grëff ze kréien. A wéi sot de Camille Gira an engem Interview am Kontext vun dësem Gesetz, an domat wëll ech ophalen, an ech paraphraséieren:

Et muss endlech unerkannt ginn, dass d'Natur en nationaalt Gutt ass wéi historesch Gebaier a Kulturierwen. Et muss elo eppes an der Fläch passéieren. An dofir brauche mer alleguerten d'Partner.

An an deem Sënn soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen dem Här Rapporteur François Benoy villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, déi honorabel Madamm Martine Hansen.

### Discussion générale

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Merci, Här President. A merci dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport, soss vergiessen ech dat nach herno, villmools merci!

Mat dësem Projet de loi gött also elo d'Naturschutzgesetz vun 2018 ugepasst. An ech wäert net op all déi Upassungen agoen. Ech mengen, de Rapporteur huet dat am Detail gemaach. Et kann ee se an dräi Kategorien opdeelen. Déi éischt Kategorie: Präzisiounen. Eiser Meenung no kommen do och eng Partie Präzisiounen opgrond vun där Gaardenhaischen-Affär. Zweetens, e puer zousätzlech Punkten, déi agefouert ginn: Arbres remarquables, Pollution lumineuse, kleng Ännerunge bei de Bauten an der Gréngzon fir déi net haaptberufflech Baueren. An drëtzens: D'Strofe ginn u sech relativ staark an d'Luucht gesat an do wäert mäi Kollege, de Gilles Roth, spéiderhin nach drop agoen.

Mat enger Partie vun dësen Upassungen kënnen mer sécherlech averstane sinn. Mee mir sinn u sech net d'accord, dass dës Upassung vun dësem Gesetz net genotzt ginn ass u sech, fir méi Transparenz, fir méi Rechter fir d'Bierger, fir eng innovativ Landwirtschaft

och an der Gréngzon zouzeloossen an och fir manner Willkür.

Mir hunn an deem Kader 17 Verbesserungsvorschläge gemaach. Déi 17 Verbesserungsvorschläge si leider sou wéi 2018 - ech mengen do hate mer der 27 gemaach - alleguer refuséiert ginn.

Ech fänke bei deem Punkt vu manner Willkür un an ech wäert op aacht Punkten agoen.

Bei manner Willkür, do soe mer ganz kloer: Mir wëlle kee Gaardenhaischen-Artikel méi an dësem Gesetz! Mir haten dat u sech och schon 2018 gefrot, well Willkür dierf net duerch d'Gesetz bewosst zougelooss ginn. Wéi gesot, 2018 hate mer et gefrot a mir hate gefrot, fir den Artikel 7 Paragraf 1 ze sträichen. Ech soen Iech nach eng Kéier, wat do drasteet. Do steet dran: « Lorsqu'une construction existante située dans la zone verte compromet le caractère d'un site, le ministre peut ordonner que son aspect extérieur soit modifié de façon qu'elle s'harmonise avec le milieu environnant ». Ech froen Iech: Kënnst Du mir objektiv ëmmer erklären, wat heescht „compromet le caractère“, wat heescht „peut ordonner“ a wat heescht „s'harmonise avec le milieu environnant“?

Ech hunn néierens eng objektiv Erklärung kritt, also ass et fir mech subjektiv. A wann et subjektiv ass, da léisst et vill Willkür zou! A genau duerfir hu mer 2018 gefrot: Sträicht wannechgelift deen Artikel! An 2018 hu mer dunn och nach gesot kritt, dass deen Artikel bis dohinner nach ni gebraucht gi wär. Dat war en zousätzlech Argument fir eis, fir nach eng Kéier ze froen, dass et soll gestrach ginn.

2018 ass et refuséiert ginn. Ben, wann et net refuséiert gi wär, da wär deen Artikel net méi do gewiescht fir u sech bei deem Gaardenhaischen verschidde Geneemegungen ze ginn, well deen Artikel ass dunn aus dem Tirang gezaubert ginn, wéi d'Madamm Dieschbourg dem Här Traversini eng Partie Geneemegunge ginn huet.

Mir si wierklech fest dovunner iwwerzeegt, dass et net ka sinn, dass e Minister kann, opgrond vum Gesetz, well dat et zouléisst, deenen engen u sech Geneemegungen nogehien an deenen anere wierklech immens vill Steng an de Wee leeën. Well wann e ganz normale Bierger bei engem Haus an der Gréngzon - an Dir wësst, et gött méi där Haiser, wéi mer mengen, et sinn net nëmme Weekendhaiser, mee et gött och vill Haiser, et gött am Éislek ganz kleng Dierfer, déi an der Gréngzon sinn - seng Trap e bësse vergréssert, da kritt dee Schwieregkeeten, do eng Geneemegung ze kréien.

An esou een Artikel, deen u sech engem Ministère immens vill Muecht gött, well en awer willkürlech ass, een deen „deux poids, deux mesures“ zouléisst, een dee „les copains d'abord“ zouléisst, deen dierft mer net am Gesetz stoe loossen. Wéi gesot, mir hunn et 2018 gefrot. Mir hunn et och dës Kéier nach eng Kéier gefrot. A Blo, Rout a Gréng soe bewosst: „Mir wëllen deen Artikel gäre behalen!“. Dat ass eppes, mat deem mir wierklech net kënnen liewen.

Deen zweete Punkt: D'Prozedur muss méi transparent ginn. Dir wësst, d'Strofe ginn hei massiv an d'Luucht gesat. Wann Der d'Gesetz kuckt, dat Gesetz huet 13 Säiten. Vun deenen 13 Säite si sechs Säite Strofen, Sanktiounen. An de Gros dovunner, do geet et bis zu dräi Joer Prisong a 750.000 Euro Strof. Wann een dat op där enger Sait gesäit an op där anerer Sait gesäit een awer, dass wann engem säin Terrain klasséiert gött an iergendeng Schutzzon, da muss ee mol net informéiert ginn, dass dee klasséiert ass. Dat heescht, do kann ee vläicht onbewosst iergendeppes futti maachen, weinst deem een herno eng richteg anstänneg Strof kritt. Also fuerdere mer, do hu mer

gefuert, dass d'Bierger missten informéiert ginn, wann engem säin Terrain géif klasséiert ginn.

Ben, mir krute gesot, dass géif net goen oder dass wär komplizéiert. Mir fannen, dass misst goen.

Da kommen ech op den drëtte Punkt, bei d'Bauten an der Gréngzon. Hei ass relativ vill ze soen. Ech ginn awer och just op eenzel Punkten an. Den Éischten ass, dass mer wierklech soen: Onnëtz Bürokratie soll een ewechloossen. An och do froen ech Iech erëm eng Kéier: Stellt Iech vir, Dir hätt en Haus an der Gréngzon an Dir hätt engem Stoff als een Zëmmer an donieft hätt Der een Zëmmer, dass wär eng Kichen, an da wëllt Der gären aus deenen zwee klengen Zëmmeren ee méi grouss Zëmmer maachen. Dir géift déi Mauer an der Mëtt duerchbriechen oder hallef duerchbriechen, mir ass et och egal, Dir géift en Duerchgang do maachen. Dann erkläre do erëm eng Kéier ee mer wannechgelift objektiv, firwat dass, wann een dat mécht, bannen am Haus, dass een dann eng Geneemegung am Kader vum Naturschutz brauch? Firwat muss dat den Ëmweltministère geneemegen? Och do konnt nach kee Mënsch mer dat erklären. Also ass et fir mech onnëtz. Et ass am Prinzip just d'Leit geplot. An da solle mer dat aus deem Gesetz erausträichen!

Mir sinn averstan, wann een an der Gréngzon bausen eppes ännert oder wann een et wëllt vergrésseren, dass do de Ministère eppes muss soen. Mee wann een awer d'Dusch méi grouss mécht oder d'Toilette méi grouss mécht oder aus der Kichen an der Stoff een Zëmmer mécht, dann huet dat keen Afloss op den Naturschutz. Da solle mer dat sträichen am Sënn vun enger administrativer Vereinfachung.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Leider ass awer och dat, wat, mengen ech, awer bal jiddwerengem alicht, well et huet kee mer erkläert, firwat dass dat een misst maachen, och erëm eng Kéier refuséiert ginn.

An ech bleiwe bei de Bauten an der Gréngzon, ech komme bei mäi véierte Punkt an do ginn ech méi op de Schutz vum Eigentum an.

Den Här Rapporteur huet gesot: „Et ass schon eng Upassung gemaach ginn am Nachhinein“, déi begrësse mer och. Am Gesetz vun 2018 stoung dran, dass wann e Gebai an der Gréngzon duerch eng héijer Gewalt géif zerstéiert ginn, e Brand oder Iwwerschweemmungen, dass et dann nëmme méi dierft opgeriicht ginn, wann et u sech den Zweck vum Naturschutzgesetz, dat heescht landwirtschaftlech Aktivitéiten an esou weider, géif erfëllen. Do hu mer elo ... well 2018 hu mer och du scho gefrot: „Dat ka jo net sinn, dass si jo Haiser, déi an der Gréngzon sinn. Wann dat géif verbrennen, da kënnst Der dach net soen, dass dierf net méi opgeriicht ginn!“ Ben, do ass elo am Nachhinein dann eng Verbesserung komm. Dat heescht zu deem Zäitpunkt, wou dat Haus - ech soen elo Haus, et kann awer och soss e Gebai sinn - géif zerstéiert ginn, an et wär en Haaptwunnsätz, da kéint een et och erëm opriichten.

Mee firwat dës Beschränkung? Firwat, wann et een Niewewunnsätz ass - et ka jo och sinn, mir hätten eng Millen dostoën, déi ee vläicht net klasséiere gelooss huet, well dann huet een nach aner Moyenen -, net och do soen: „Ma déi stoung jo do. A wa se duerch eng héijer Gewalt zerstéiert ginn ass, mee da kann och deen dat erëm opriichten.“ Och déi Leit hunn e Recht op den Eigentum. An och dat ..., et stoung jo eppes an der Natur, ech huelen der Natur jo näischt zousätzlech fort. An ech sinn nach ëmmer dovunner iwwerzeegt, dass et besser an d'Landschaftsbild passt, wann eppes an der Rei ass, wéi wann eppes zerfällt. Also och do leider ass déi Fuerderung op daf Ouere gefall. Mir hunn eebe gesot: Wann e Gebai oder en



Haus zerstéiert gëtt, da soll et einfach erëm kënnen opgeriicht ginn, mat deem Zweck, deem et virun hat oder eeben eng Landwirtschaftlech Aktivitéit.

An da wëll ech awer och kuerz op d'Konditiounen vun der Restauratioun an de Gréngzonen agoen, an och do soen: Déi Bestëmmunge musse wierklech am Sënn vum gesonde Mënscheverstand ugepasst ginn!

Ech ginn Iech ee Beispill vun enger Famill, déi wollt hiert Elterrenhaus renovéieren. Dir wësst, fréier waren d'Fënstere kleng. Dunn hat een och net am Prinzip Energie gespuert. Mëttlerweil hu mer zweefach, dräifach Verglasung a mir hunn aner Moyenen. An d'Leit sëtze gradesou gären am Helle wéi am Däischteren, well wann ech am Däischtere sëtzen, da brauch ech jo nach méi Stroum. Mee wann een dann d'Fënstere wëllt vergréisseren, dann ass dat schonn erëm eng Saach vun der Onméiglechkeet. Déi hei Famill huet dräi Joer laang Pläng gemaach. Pläng kaschte Suen! Si huet herno am Endeffekt d'Saach opginn. Ech denken, dat Haus zerfällt. Et wäert sécherlech keen et anstänneg renovéieren. Ass dat dann am Sënn vum Naturschutz geschafft? Nee, dat ass net am Naturschutz geschafft. Also, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | ... fanne mer, datt mer hei missten déi néideg Upassung maachen. A wat déi Leit ëmmer erëm soen, déi Leit soen allkéiers: „Dee Ministère, deem huet eng onheemlech Muecht.“ A si wëlle sech och net richtig uleeë mam Ministère. Well wa se sech uleeën, da kréie se schonn ... oder dann hu se zumindest d'Gefill - ech wëll dat elo net behaupten -, datt se iwwerhaupt keng Geneemung méi kréien.

An och, ee Beispill vläicht: De Règlement grand-ducal, dee jo da fir d'Bauten an der Gréngzon - ech soen elo, deem ass elo an der Consultationsphas -, deem hätt awer scho bal misse mam Gesetz vun 2018 do sinn. Mee deem ass awer zumindest elo an der Consultationsphas. Ech hunn den Avis vun der Landwirtschaftskummer gelies. Do steet zum Beispill dran, wann een eng Konstruktioun vun 150 m<sup>2</sup> huet, datt et da ka sinn, datt een 900 m<sup>2</sup> bis 1.800 m<sup>2</sup> Hecke muss planzen, fir datt et besser an d'Landschaftsbild passt - net fir ze kompenséieren! Also, wannechgelift, iwwerliest dat doten nach eng Kéier! An déi Renovatioun: wierklech mat gesonde Mënscheverstand. Loosst de Leit hire Besëtzer esou a Stand setzen, datt se e kënnen notzen!

Dann de fënnefte Punkt: D'Landwirtschaft ass déi, déi mat der Natur schafft. Ee modern Naturschutzgesetz misst och eng modern Landwirtschaft zouloossen. A mir soen, d'Politik seet jo och ëmmer: D'Landwirtschaft muss innovativ sinn, d'Landwirtschaft muss sech nei Standbein sichen! Dann, wannechgelift priedegt dat net nëmmen an de Sonndesrieden, mee loosst dat dann och an engem Naturschutzgesetz zou!

De Bauer ass net méi am Duerf erwünscht. Am Duerf brauch e vill Plaz. Déi Plaz am Duerf brauche mer, fir Wunnengen ze bauen. Also geet en an d'Gréngzon. Also loosst wannechgelift do och eng modern Definitioun vun der landwirtschaftlecher Aktivitéit zou! Mir fuerderen also, datt déi ugepasst gëtt, eeben am Sënn vu méi Innovatiounen, méi zweet Standbein, enger besserer Zukunft, enger besserer Nohaltegkeet vun eiser Landwirtschaft. Well zur Nohaltegkeet gehéiert eeben och nach ëmmer d'Wirtschaftlechkeet derzou.

Et ass am Moment, sot ee Bauer mer, méi einfach ee Koustall fir 500 Kéi opzeriichten, wéi eng Zär an der Gréngzon. Op där anerer Säit soe mer awer: „Mir brauche Geméis.“ Also iwwerdenkt do wannechgelift eng Kéier hei, wat Der an dëst Gesetz drageschriwwen hutt.

Ech hunn d'Beispill vun der Hondspensioun gesot. Et steet explizitt dran, datt e Bauer dat net däerf maachen! Och dat, et gëtt gebraucht dobaussen. Am Duerf, hu mer am Duerf Plaz! Hätt ee Suen, fir am Duerf Terrain ze kafen, fir eng Hondspensioun opzemaachen? Ech mengen net.

Wann e Bauer ee Stall huet, wou näischt dran ass, a wa mer gäre wëlle manner Kéi halen, dann huet e fräi Capacitéiten do. Firwat kann en dat net notze mat engem Auslaf fir als Hondspensioun?! Firwat steet explizitt an dësem Gesetz dran: „Dat ass verbueden.“? Also, et ass fir mech ee Verbuetsgesetz. A mir kommen eleng mat Verbueter net virun. Wéi gesot, d'Landwirtschaft brauch hei Ënnerstëtzung. An d'Landwirtschaft schafft mat der Natur. An da fanne mer et extreem - extreem! - schued, datt dëst Gesetz net genotzt ginn ass, fir och do eng zukunftsfaeg Landwirtschaft zouzeloossen.

An da kommen ech bei ee Punkt ... Ech mengen, de Gilles Baum ass elo net heibannen, mee mir haten d'Interpellatioun vum Wälbau. Do huet d'DP explizitt gefrot, datt een Önotourismus soll méiglech sinn. Mee mir kënnen dat mat zwou Hänn ënnerschreien! Mee wannechgelift DP, dann ënnerschreift eis Amendement oder stëmmt se wéinstens mat! Well soss komme mer hei net virun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Da kommen ech zum sechste Punkt: d'Kompensatioun. Also, et ass gewosst, datt mer ëmmer méi Fläch brauchen an datt ëmmer manner Fläch fir d'Landwirtschaft, fir d'Liewensmittelproduktioun iwwreg bleift. Och wa mer méi a Richtung erneierbar Energie ginn, da brauche mer u sech och ganz vill Fläch dofir. Dofir ass eise Wunsch, datt mer wierklech manner flächenintensiv solle kompenséieren a virun allem de System sollen esou maachen, datt en net kontraproduktiv ass.

Am Moment traue kee sech méi, eppes wuessen ze loossen. Kee Bauer traue sech méi, eng Heck ze planzen. Well wann herno d'Pacht opgeléist gëtt an en hält d'Heck eraus, ma da gëtt et en eng richtig deier, well da muss e kompenséieren. Dofir war eise Virschlag: Ma gitt wannechgelift de Leit, de Privatleit, de Gemengen Ökopunkten op Vorrat. Wann de Bauer Ökopunkte kritt, wann e seng Heck planzt, a wann e se zéng Joer duerno eraushält, ma da verléiert en eeben erëm déi Ökopunkten. Mee zumindest huet en eppes gemaach! Wann e soss net domm ass an en iwwerleet an Iech seet: „Ech wëll näischt bezuelen“, mee da mécht en näischt méi fir d'Natur! An dann hu mer kontraproduktiv geschafft.

**Une voix** | Ganz richtig!

**Une autre voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Dat selwecht gëllt fir de Bauperimeter. Als CSV soe mer ganz kloer: „Keng Kompensatioun innerhalb vum Bauperimeter!“

**Une voix** | Richtig!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | De Bauperimeter ass do fir ze bauen. Da soll een och d'Leit baue loossen an d'Bauen net zousätzlech nach méi deier maachen, well et ass schonn deier genuch, an och net nach zousätzlech d'Prozedur verlängeren. Well mir bauen net séier genuch!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Also, de Besëtzer, wann deem en Terrain huet, dann hätt dee jo elo am beschten ... Well wann do iergendeppes wiisst, da muss e kompenséieren an da muss e bezuelen. An et gëtt der, déi bezuelen 20.000, 30.000 Euro. Dat sinn awer vill Sue fir d'Kompensatioun!

Wat mécht en dann also, wann en iwwerleet an e seet: „Ech wëll déi do Suen net bezuelen.“? Ma da fiert en zwee-, dräimol am Joer mam Mulcher iwwert d'Fläch, da kënn sécherlech näischt op. An dann hu mer awer erëm eng Kéier näischt fir den Naturschutz gemaach.

Ben, den Här Rapporteur huet gesot „Natur op Zäit“, do géife sech eng Partie Froe stellen. Jo, déi Froe stelle sech. Mee mir hunn déi Froen 2018 scho gestallt. Och dann ass gesot ginn: „Mir maachen et net.“ Hätt een dann no Äntwerte gesicht, dann hätt een elo dat dote kënnen an d'Gesetz integréieren. Eppes, wat absolutt wichteg ass an engem Land, wou mer eng Logementskris hunn!

Also, loosst, wannechgelift, datt mer de Bauperimeter kënnen séier notzen! En ass dofir do. Also, nach eng Kéier: Keng Kompensatioun innerhalb vum Bauperimeter. An awer och do, leider Gottes, huet Blo Nee gesot, Rout huet Nee gesot an och déi gréng hunn Nee gesot.

**M. Marc Lies** (CSV) | An d'Präisser explodéiere virun!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hu 17 konkreet Verbesserungsvirschléi gemaach. Wéi gesot: méi Transparenz, manner Willkür, eng méi innovativ Landwirtschaft zouloossen, méi Rechter fir de Bierger, eng Verbesserung fir de Logement, manner Bürokratie. Rout, Blo a Gréng huet zu deene 17 Nee gesot. An d'CSV seet Nee zu dësem Gesetz.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hansen. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. Mir hunn 2018 zu Lëtzebuerg e Gesetz gestëmmt, mat deem den Naturschutz dee Stellewäert krut, deem e verdéngt. Mir waren a si konfrontéiert mat engem dramatesche Réckgang vun der Biodiversitéit an der Zerstéierung vun natierleche Liewensraim, déi mer mat alle Mëttele mussen ophalen.

D'Auswierkunge vum Klimawandel verschäerfe sech ëmmer méi an d'Ökosystemer geroden doduerch ëmmer méi ënner Drock. Mir erliewen et bal all Dag. Kucke mer den Zoustand vun den natierleche Liewensraim vun eise Bëscher, vun de wëlle Planzen- an Déierenarten - ben, d'Situatioun ass esocht! Extreem Wiederphänomeneer wéi Héichwaasser an Dréchente verstärken eng Situatioun, déi duerch Verknaschtung an alle Formen an d'Zerstéierung vu Liewensraim geschwächt ass. Mir brauchen dowéinst e prezise Kader, mat klore Reegelen, fir d'Natur virun enger ze grousser Belaaschtung an Zerstéierung ze schützen.

Naturschutz ass kee Luxus! Mir kënnen net deem Aascht ofseeën, op deem mer sëtzen, a mengen, dass dat keng Konsequenz fir eis selwer hätt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Max Hahn** (DP) | Allerdéngs, an dat gehéiert och zur Wourecht, liewe mer an engem Land, dat sech entwéckelt, dat wiisst. A mir si jo frou doriwwer, dass dat esou ass. Dowéinst mussen mer dee schwierege Spagat hikréien, tëscht Protektioun a Progrès, tëscht dem Schutz vun eise natierlechen Ëmfeld an der natierlecher Entwécklung vun eise Land. Well mir brauche béides!

Mir hunn, wéi gesot, viru bal véier Joer d'Voraussetzungen dofir geschafft. Mir hu mam Naturschutzgesetz eng Zort Leitplanken opgestallt,



innerhalb von denen die Wusstum zu Lëtzebuerg geschéie kann. Et war dee Moment e grouse Worf. E komplett neuen Text mit ganzer 84 Artikeln.

An ech hu schonn deemools als Spriecher vun der Demokratescher Partei gesot: D'Praxis muss weisen, ob den Text dat hält, wat e verspricht, ob en den Uspruch gerecht gëtt oder ob net awer op där enger oder där anerer Plaz nogebessert muss ginn. Dat gëtt haut mat diesem Gesetzestext gemaach. Déi öffentliche Hand kritt zum Beispill zousätzlech Méiglechkeeten, fir Mesuren am Sënn vum Naturschutz a vum Héichwasserschutz bei Gewässer ëmsetzen duerch eng Erweiterung vum Droit de préemption.

Mee och d'Dispositionen zu de schützenswäerte Beem, d'Lëscht vun de geschützte Biotopen an d'Notioun vun der Lichtverschmutzung ginn am Gesetz verankert. Donieft muss ausserdem bei Erreurs matérielles, déi sech an den Text erageschlecht hunn, nogebessert ginn, grad ewéi bei Notiounen, déi juristisch Onsicherheit geschafen hunn, well se net prezis genuch waren, besonnesch wat de Volet vun der penaler Applikatioun vum Gesetz betrëfft.

Ech wëll elo net ze vill hei an den Detail goen, well dat huet de Rapporteur schonn explizit gemaach. An dofir géif ech him dann och Merci soe fir seng zwee Reporten: säi mëndleche souwuel wéi och säi schrëftlechen.

Als DP begrëisse mer virun allem ee Punkt vun deem mer och iwwerzeegt sinn, dass e méi wéi sënnavoll ass. Wann nämlech en Haus an der Zone verte duerch e Cas fortuit zerstëiert gëtt, also duerch eng Naturkatastroph zum Beispill zerstëiert gëtt, dann dierf dat Gebai an Zukunft, ënner gewëssene Konditiounen, och erëm operéiert ginn. Dat war bis elo net explizit de Fall. Mee grad wann et sech ëm den Hauptwunnsätz vun enger Persoun handelt, wat sollen déi Leit da maachen, wann, zum Beispill wéi de leschte Juli duerch Héichwasser, alles zerstëiert gëtt? Do si mer eis, mengen ech, allegueren eens. Et liicht jidderengem an, dass déi Leit hiert Haus erëm solle kënnen opriichten oder renovéieren. Dat ass fir eis selbstverständlech.

Här President, wat ass d'Zil vum engem Naturschutzgesetz? Et soll verhënnern, dass d'Natur onkontrolléiert an iwwerméissig staark zerstëiert gëtt. Beim Naturschutz muss de gesunde Mënscheverstand agesat ginn. Dat ass fir eis als DP e ganz wichtige Punkt. Et geet net drëms, de Leit onnéideg Steng an de Wee ze leeën. Selbstverständlich brauche mer en ambitiëse Kader, deem den Erausforderunge vun eiser Zäit Rechnung dréit.

Ech hunn et virdru gesot, mir liewen an Zäite vun enger Klimakris, vun enger Biodiversitéitskris, déi risquéieren, weltwäit dramatesch Auswierkungen ze hunn. E Virgeschmaach dovunner hu mer jo schonn zerwéiert kritt.

Ma bei dëser wichtiger Aufgab ass et enorm wichtig, dass een d'Leit mathëlt. Als DP soe mer dat an de Froe ronderëm d'Diskussionen iwwer de Klima a mir soen et gradesou, wann et ëm den Naturschutz geet. D'Leit mussen verstoen an och agesinn, dass verschidde Reegelen esou sinn, wéi se sinn. Nëmme da gi se och matgedroen. Nëmme dann hu se eng Akzeptanz an der Bevëlkerung a mir kréien d'Leit mat.

Als DP begrëisse mer dowéinst och, dass kleng Konstruktiounen autoriséiert kënnen ginn, sief et am landwirtschaftleche Beräich, wann een Déieren hält oder am Kader vun engem Geméisgaart an der Zone verte. Dat si jo fir gewéinlech keng riseg Konstruktiounen, e kleng Schapp fir d'Geschier oder e kleng Ennerdaach fir d'Beischen. Natierlech soll esou eppes erlaabt sinn.

Dëst gesot, soen ech Iech villmools merci fir d'No-lauchteren a géif heimat dann den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen dem Här Max Hahn villmools merci a ginn d'Wuert weider un den nächsten ageschriwwene Riedner, déi honorabel Madamm Cécile Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, mat diesem Projet de loi verbessere mer punktuell eist Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018, wat eigentlech e ganz wichteg Gesetz ass.

Grondsätzlech géif jo jiddweree vu sech behapten, dass den Naturschutz e ganz wichteg Uleies ass an dass een alles fir den Naturschutz vun eisem Milieu naturel sollt maachen.

Wann een et dann awer op konkret Alldagssituationen erofbrécht, da stellt een onweigerlech fest, dass et net ëmmer esou einfach ass, well et villschichteg Situationene kënnen ginn, wou et och ënnerschiddlech Interesse gëtt.

De Meritt vum Naturschutzgesetz vum 2018 ass et, fir en Instrument ze bidden, dat e kloer Kader setzt an esou och Willkür evitéiert. En effikass Naturschutzgesetz ass onerlässlech, wa mir de kommende Generationen nach eng intakt, eng propper, jo, eng gesond Ëmwelt hannerloosse wëllen.

An dëse Grondsatz, deem ass 1987 am Brundtland-Rapport vun de Vereenten Nationen, eng éischte Kéier an engem Saz resuméiert ginn. Eng nohaltig Entwécklung ass dem Rapport no definéiert als en „development that meets the needs of the present without compromising the ability of future generations to meet their own needs“. Naturschutz ass deemno ëmmer verbounne mat der Generationenerechtgekeet.

Mam Gesetzesprojet wäerte mir verschidden Erreurs matériels aus dem Wee raumen - dat ass jo schonn haut de Mëtteg gesot ginn -, déi bei der Applikatioun vum Naturschutzgesetz un d'Dageslicht komm sinn. Gläichzäitg verbessere mer awer och d'Liisibilitéit vum Text, wat an den Ae vun der LSAP e ganz weesentleche Punkt ass. Naturschutz verwierklecht een am beschten, wann een d'Biergerinnen an och d'Bierger mat an d'Boot kréie kann, wat voraussetzt, dass si d'Gesetz och novollzéie kënnen.

Mir begrëissen als LSAP, dass um Niveau vum Artikel 6 och d'Konstruktiounen vun enger „petite envergure“ fir Aktivitéite vun der Gestiou vu Lännereien no un hirem natierlechen Zoustand méiglech gemaach ginn, och wann dës Aktivitéite keng haaptberufflech Aktivitéite sinn.

Mat diesem Gesetzesprojet gëtt dann och am Artikel 7 Paragraf 5 d'Notioun vun enger Transformation matérielle preziséiert. Déi muss vum Minister respektiv der Ministesch accordéiert ginn.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Mam Gesetzestext gëtt hei e bësse méi Flexibilitéit erméiglecht bei äusserleche Modifikatiounen. An eisen Aen ass et an dësem Kontext wichtig, pragmatesch Léisungen um Terrain ze fannen.

Mir begrëissen doriwwer eraus och als LSAP ganz ausdrécklech, dass um Niveau vum Artikel 7 Paragraf 6 am Laf vun der parlamentarescher Aarbecht an der Kommission e Passage bäikomm ass, fir eng duerch e Cas fortuit demoléiert Konstruktioun erëm opbauen ze loossen, och wann d'Konditioun vun enger Affektioun am Sënn vun enger Zone verte net erfëllt ass.

Mir wëllen hei deene Leit, déi duerch eng Naturkatastroph oder awer soss onglécklech Incidente geschiedegt gi sinn, net nach zousätzlech Steng an de Wee leeën.

**M. André Bauler** (DP) | Ganz gutt!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Ech wëll an dësem Kontext gären ënnersträichen, dass jo och déi human Consideratiounen ronderëm de Mënsch mussen berécksichtegt ginn, an dass e gesonden Equilibre am Plaz vun enger ideologescher Eesäitgekeet muss fonnt ginn.

Ech denken doriwwer eraus och net, dass dee Passage, esou wéi e formuléiert ass, géif zu gréisseren Abuse féieren. Eleng schonn dowéinst, well d'Konstruktioun jo d'Résidence principale muss gewiescht sinn a se och no der Rekonstruktioun esou bleiwe muss.

Mir sinn als LSAP der Meenung, dass den Naturschutz muss resolutt respektéiert ginn, andeems déi Mesuren, déi den Naturschutz effektiv garantéieren, geholl ginn. D'Mesurë mussen effikass a verhältnisméisseg sinn. Duerfir brauch ee keng Dogmen, mee pragmatesch Léisungen. Aus deem Grond si mir als LSAP grondsätzlech der Iddi net ofgeneigt, fir eng Lëscht opzestellen mat deene méiglechen Aarbechte vun enger minimaler Envergure op Konstruktiounen, déi an der Zone verte leien a keng Autorisatioun bräichen. Esou Aarbechten - an ech denken hei zum Beispill un d'AJoute vun enger Velux-Fënster - hu keen negativen Impakt op d'Ëmwelt an och net op d'biologesch Diversitéit. Et ass souguer duerchaus denkbar, dass verschidden Aarbechten e positiven Impakt op d'Ëmwelt kéinten hunn, wann zum Beispill duerch d'Renovatioun vun enger aler Fassad, den Energieverbrauch ka gedrosselt ginn oder awer al Baustoffe mat cheemescher Belaaschtung duerch méi natierlech Baustoffe kéinten ersat ginn.

De Schutz vun eiser Natur ass eppes, wat net an der Zäit stoe bleift, mee wat evolutiv ass. Esou ass et ze begrëissen, dass d'Notioun vun der Pollution lumineuse, och wa se en cours de route reformuléiert ginn ass, sech eng éischte Kéier am Naturschutzgesetz ermëfent. D'Pollution lumineuse ass eng Erausforderung, déi eréischt méi rezent thematiséiert ginn ass. Artificiell Beliichtung, wa se ze staark ass a wa se a Gebidder liicht, déi normalerweise däischter wäeren, kann den natierleche Liewensrhythmus vun der Fauna beeinträchtigen. Eng net negligabel Partie vun den Déieren ass an der Nuecht aktiv. Bei de Wierbeldéiere sinn et ronn 30 % a bei der Fauna vun de wierbellosen Déiere souguer 60 %. Mee och fir de Mënsch kann eng intrusiv Beliichtung, virun allem wa se konzentréiert op enger Plaz ass, d'Wuelbefanne beeinträchtigen, notament och de Schlofrhythmus.

An der Schwäiz huet d'Associatioun vun den Architekten a vun den Ingenieuren, d'SIA, eng Norm ausgeschafft, déi ganz kloer tëschent sécherheetsrelevanter Beliichtung a Publicitéitsbeliichtung am urbane Raum ënnerscheet an déi bei hinnen ëmmer méi zum Droe kënnen.

Mir sinn als LSAP och der Meenung, dass d'Konzept vun de Biotopes éphémères eng seriös Iwwerleung wäert ass. D'Biotopen entwéckele sech mat der Zäit, wann de Mënsch net aktiv an de Milieu naturel agraift. Op Terrainen, déi eng gewëssen Zäit broochleien, kéint also mat der Méiglechekeet vun engem temporäre Biotop der Natur deem Espace fir déi Zäit, wou den Terrain eeben net benotzt gëtt, iwwerlooss ginn.

Esou verhënnere mer, dass d'Propriétaires an der Angscht, dass sech e Biotop op hirem Terrain entwéckele kéint, deem den Terrain duerno net méi



exploitabel maache kéint, alles drusetzen, dass e Biotop vu vir eran net entstoe kann. Och bei dësem Volet weist sech also, dass ee muss Mesuré vum Enn hier denken, wann een och effektiv dat erreche wëllt, wat ee sech virgeholl huet.

Domat wär ech um Schluss ukomm, net ouni awer dem François Benoy e grouse Merci ze soen, fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Well Der jo aus mengem Exposé eraushéieren hutt, dass d'LSAP fënn, dass mer et hei mat engem ganz wichtege Gesetz mat nach méi wichtege Upassungen ze dinn hunn, ass et jo och fir eis selbstverständlech, dass mer eisen Accord dozou ginn. Merci fir d'Opmierksamkeet.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och, der Madamm Hemmen. An d'Wuert huet elo direkt den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President, léif Kolleege, merci och dem Rapportier fir seng Rapporten.

Ech stelle fest: Evidenterweis si mir alleguer fir Naturschutz. An evidenterweis si mer och alleguer fir de Mënsch an an deem Sënn si mer selbstverständlech och géint e weidert Schikanéiere vun de Bierger.

Do ass dann e Spagat, deen ee muss maachen, an dee Spagat ass hei net gutt gelongen. Ech kommen dorop zrëck.

Dat aktuell Naturschutzgesetz ass vun 2018, also nach net al, an do sinn eng Partie Saachen geännert ginn. Gutt ass et awer nach ëmmer net, dofir stëmme mir och dergéint.

E puer Punkten erausgepickt: Et ass profitéiert ginn, fir d'Reduzéiere vun der Liichtverschmutzung mat an d'Texter ze schreiwen, eppes, wat mir kënne begrëissen.

Dann, bei de méi haarde Strofen, déi hei virgesi sinn, gi mer ze bedenken, dass et muss e Gläichgewicht ginn, an dass ee sech bei all Euphorie dach awer muss froen, ob et opportun ass, fir Delikter am Ëmweltberäich méi haart ze bestrofe wéi Delikter, déi géint Mënsche gemaach ginn.

Dann zu de Kompensierungen, spréich Ökopunkten an esou weider. Et ass e System, deen allgemeng dobausse ganz schwierig ze duerchblécken ass. Hei hätt een de System sécherlech vereinfache kënne. Dëse System mat den Ökopunkte betrëfft dann haaptsächlech d'Bauern. Si fanne keng Terrainen, kee Land méi, dat si awer brauchen, fir hirem wichtege Beruff nozegoen. Mëttlerweil gëtt et ëmmer manner Baueren, manner wéi 2.000 Bauerebetriber nach. An ech mengen, mir géifen alleguer gutt drun doen ze verhënneren, dass deen Trend no ënne weidergeet.

D'Lëtzebuerger Land brauch eng staark ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | ... Landwirtschaft, wou d'Bauere gewierdeg ginn an hirer Aarbecht ënner gudder Konditiounen nogoe kënne. Och hei muss d'Schikanéieren ophalen.

D'Präisser fir d'Terraine sinn och wéinst de Kompensierungen staark an d'Luucht gaangen, an ass emol eng Stee, da kommen d'Bauern dacks ze kuerz.

D'Landwirtschaft hânt awer vum Buedem of, dee se zur Verfügung huet. Aus deene Grënn ass d'ADR, géint eng Kompensatioun op d'Käschte vun de fir den Akerbau wäertvolle Flächen.

Och den Ausbau vun de Betriber an de Gréngzone soll vereinfacht méiglech sinn, fir dass si sech fir

d'Zukunft innovativ an och mat neien Aktivitéiten kënne opstellen.

Ech mengen, ee ganz interessante Punkt am Gesetz betrëfft d'Gebai an der Gréngzon. Jo, mir sinn natierlech derfir, fir Gréngzonen ze schützen. Mee hei geet et wierklech, an dat leider och mam neie Gesetz, nach ëmmer ze wäit, soudass ee ka soen, dass hei d'Leit iwwerproportional kujeniert ginn. Wann e Gebai an der Gréngzon läit a bis elo och legal erlaabt war, da kann de Minister decidéieren, fir d'Gebai ofzeänneren, wann et net zum Charakter vun där Plaz passt.

Dësen Artikel 7 Abschnitt 1 hätt mir gär gestrach, quitte dass gesot gëtt: E gëtt net oft ugewant. Esou kann et net sinn, dass hei subjektiv Krittären - eppes wat net zum Charakter passt - benotzt ginn, fir esou en déiwen Aschnëtt an d'Privatpropriétéit ze erméiglechen, ouni kloer Krittären, ouni Transparenz.

Da muss ee bedenken, dass déi Leit déi Haiser jo konform a legal opgeriicht hunn an autoriséiert kruten, eventuell virun 1965, eebe mat alle méiglechen Autorisatiounen. An elo kann e Minister mat onprezisen Argumenter, well de Charakter net passt, also eng Ëmännerung decidéieren. Do soe mir Nee! Wat autoriséiert war, dat soll och autoriséiert bleiwen. Deen Artikel soll also hei gestrach ginn.

An dann déi Onsënnegkeet, dass en Haus, dat an der Gréngzon läit, net méi ka gefléckt ginn, net méi ka restauréiert oder renovéiert ginn, wann et, fir et salopp auszedrécken, futti oder beschiedegt ass. Deen Artikel ka ganz tragesch Follgen hu fir déi Leit, déi an der Gréngzon en Haus hunn.

Wourëm geet et genau? Et geet ëm besteeënd Haiser, ganz oft Millen oder Häff oder eeben och Haiser, déi deemools gebaut gi sinn, viru 50 oder 100 Joer an déi an der Gréngzon leien. Och bis 2018 konnt een do net egal wat maachen. Och bis dohi konnt een net einfach vergréisseren, mee et konnt een awer eng Autorisatioun fir ze vergréisseren ufroen. Et konnt een och eng Autorisatioun froen, fir d'Destinatioun ze änneren an et konnt een Aarbechte maachen. Haut ass dat vill méi restriktiv, och kleng Renovatiounen an Transformatiounen gi verweigert.

Ganz einfach resuméiert: Kleng Ännerungen, wéi och nëmmen eng Trap, e Gelänner, eng kleng Terrass, eng nei Brëifkëscht sinn nëmmen nach schwéier méiglech. A wat bréngt dat der Natur? Wat huet dat mat Naturschutz, wat huet dat mat Biodiversitéit ze dinn? Et ass ganz einfach nëmmen eng Schikan. An ech mengen, dass déi haaptsächlech vun deene Gréngen kënnt, well ech hunn d'Gefill, dass keen dat heibannen wierklech wëllt, ausser hinnen.

An elo war am neie Gesetz och nach geplangt, dass déi Haiser, am Fall vun engem Feier, vun enger Zerstéierung, eventuell duerch e Stuerm, also wou ee mol net schold drun ass, dass een duerno keng Méiglechkeet sollt hunn, fir se erëm opzebauen oder ze renovéieren. Dat ass elo zum Deel verbessert ginn, awer nach net genuch. Well et betrëfft zum Beispill just déi Haiser, wou een och tatsächlech dra wunnt.

An deem Kontext hätt ech och eng Fro un d'Madamm Ministesch: Ass et eventuell méiglech, en Haus, dat virun dräi Joer duerch esou e Fait fortuit futti gaangen ass oder beschiedegt ginn ass, elo retroaktiv vläicht dann erëm opzebauen, wann deemools eng Demande agereecht gouf? Oder sinn déi Haiser fir ëmmer verluer?

Eis Linn ass kloer: Wann een e Gebai, ob Wunnsätz oder net, an der Gréngzon huet dat legal opgeriicht ginn ass, ma da muss de Proprietär kënne dëst Haus erëm opbauen oder renovéieren, wann de Proprietär dat wëllt.

Ech denken awer trotzdem nach optimisteschesch fir d'Leit. An ech sinn der Iwwerzeugung, dass sech dorunner an den nächste Joren nach eppes kéint zum Gudder veränneren, an zwar dann, wann déi Gréng net méi an enger Regierung sinn. Ech mengen, heibannen hunn all déi aner Parteien dach awer e Konsens, fir déi dote Saachen ze änneren.

A mir géifen als ADR op jiddwer Fall, wa mer dann a Koalitiounsverhandlung sinn, dat dote proposéieren ...

*(Brouhaha)*

... an och matdroen.

*(Hilarité)*

**M. Gilles Baum** (DP) | Erspuert dem Lëtzebuerger Land dat do, wannechgelift.

*(Interruptions)*

**Mme Josée Lorsché** (déi Gréng) | ... scho selwer laachen.

**Une voix** | Dat ass d'Virfreed!

**M. Fred Keup** (ADR) | Majo, dat si jo awer gutt Iddien, déi hei vu villen anere gedeelt ginn, ne!

**Une voix** | Voilà!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Mir si berouegt, dass Der selwer musst iwwer Iech laachen.

**M. Fred Keup** (ADR) | Nee. Dat wäert..., bon, wien zum Schluss laacht, dee laacht am beschten!

**Une voix** | Voilà!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här Kersch, an dat sidd Dir net!

*(Hilarité)*

**M. Fred Keup** (ADR) | An dann dierf een net vergiesen, mir schwätzen hei iwwer Klenggekeiten: eng Mauer, e Wee, mengetweegen och en Haus, dat ass jo nach näischt Grousses, dat sinn alles Peanuts. An et ass dach schonn op d'mannst verwonnerlech, dass grad déi, déi Iech op där enger Säit aus Naturschutzgrënn eng kleng Maierchen wëlle verbidden, dann op där anerer Säit higinn an Hektaren an Hektaren, Joer fir Joer, zoubetonéiere loosse. Dat geet dann! Well wat gëtt a Wierklechkeet gemaach? Duerch de Wuesstum gëtt massiv Natur zerstéiert: 500.000 Awunner am Joer 2010, 630.000 Awunner am Joer 2020, mir wuessen, wuessen a wuessen, schnurstracks a Richtung eng Millioun Awunner.

Mir bauen a bauen a betonéieren. D'Land ass voller Schantercher. Ëmmer méi séier, fir dass nach méi Leit kommen, nach méi Verkéier, nach méi Stroossen, nach méi Zonen. An da gëtt hei an der Chamber, an och vu Gréngen, nach andauernd gesot, mir missten nach méi bauen an nach méi schnell wuessen. Dat ass dach guer net méiglech. Dat Ganzt ass eng Politik vun de Widderspréich, wann een op där enger Säit en iwwerdrivvone Wuesstem an op där anerer Säit dann den Naturschutz an de Vierdergrond setze wëllt.

Mir hunn an de leschte 25 Joer esou vill Fläch zougebaut wéi an den 2000 Joer virdrun. Bis zu zwee Hektar den Dag, dat ass d'Fläch vu véier Fussballterrainen. Déi Fläch - an dat ass Natur, dat ass Biotop - gëtt all Dag zerstéiert an duerch Bëton ersat. Ma wann ech eppes fir d'Natur an och fir d'Mënsche wëll maachen, dat wat der vill ëmmer hei virginn, mat Gréngflächen erhalen, ma da muss een dat bremsen.

Am Joer 2030 da wäerte mer wuel zu bal 800.000 Awunner sinn. An dat gëtt schrecklech fir d'Natur an och fir de Mënsch. Mir missten also fir d'éischt zu engem verstännege Wuesstum zrëckkommen.



An da kënn dach awer de Summum, da liesen ech, virun e puer Wochen, an der Zeitung iwwer zwee gréng Ministeren, den Här Turmes an den Här Kox, déi sinn haut net hei, déi soen: „Luxemburg hat Land für 325.000 weitere Einwohner“. Also: „Land für 325.000 weitere Einwohner“. Ma da si mer am Eng-Millioun-Awunner-Staat. Ass dat am Sënn vun der Natur? Nee!

Weider: „Luxemburg verfügt derzeit über 5.018 Hektar Landreserven.“ An dann: Et wier eng politesch Prioritéit, dës zesumme mat de Gemengen un d'Leit ze kréien, dat heescht ze bebauen. Ma 5.000 Hektar „Baulandreserven“, e Wuert, wat am Fong e Gréngen net dierft benotzen, well dat a Wierklechkeet jo wäertvollen Naturraum ass, deen net onbedéngt misst bebaut ginn. Mee do ass et Iech dann awer egal!

Wësst Der, wat dat ass, 5.000 Hektar? Dat ass esou vill ewéi d'ganz Gemeng Lëtzebuerg mam Bambësch, alles zesummen! Dat ass esou vill ewéi siwemol d'Stad Esch! Déi Terraine wëllt Der dann elo hei am Land nach an den nächste Jore verbauen, wéi ech da feststellen.

Do hu mer also d'Situatioun: Op där enger Säit ginn d'Leit kujeniert ...

*(Interruption par la présidence)*

... wa se eng nei Bréifkëscht wëllen opriichten, an op där anerer Säit ginn Dag fir Dag Hektaren an Hektaren zoubetonéiert.

Mir wäerten eis als ADR op jiddwer Fall derfir asetzen - an dat verspriche mer -, dass mer net zu engem Eng-Millioun-Awunner-Staat ginn, wou nieft de Mënschen an hirer Liewensqualitéit och eist Land an eis Natur déi Leidtragend wäerte sinn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**Une autre voix** | Très bien!

*(Brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Wëllt nach een eppes soen?

**Une voix** | Nee, et gouf alles gesot.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Gutt. Dann ass och de Mikro erëm desinfizéiert a mir kënnen d'Madamm Myriam Cecchetti oproufen.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir stëmmen hei iwwer eng Reform vum Naturschutzgesetz dräi Joer nom Akraafttriede vum urspréngleche Gesetz am Joer 2018 of - also e bësse méi wéi dräi Joer.

Mir als déi Lénk hunn dat Gesetz och deemools matgestëmmt, well mir et schonn als e Fortschritt am Naturschutz gesinn, obwuel mir och eng Rei méi grondleeënd Kritiken haten, entre autres natierlech, wat d'Flächepools fir d'Kompensatiounen an d'Berrechnungsmethoden fir d'„Écopoints“ ugeet. Fir eis war dat deemools ze einfach a potenziell kontraproduktiv als Kompensationsinstrument, well der Komplexitéit vun der Natur an dem Zesummewierke vun den Organismen an engem Stéck Natur net einfach esou eent zu eent op enger anerer Plaz ka Rechnung gedroe ginn.

Haut elo, iwwer dräi Joer drop, musse mir feststellen, dass sech den Zoustand vun der Natur an der Aarte-villfalt am Allgemengen net verbessert huet. Am Géigendeel, en huet sech a ville Beräicher weider degradéiert. Mir mengen net, dass d'Naturschutzgesetz u sech dorunner schold ass, mee wuel awer d'Portée vun dësem Gesetz, dat an engem Kontext vu wuessendem Drock a Präis vu Buedem, Zersiidlung,

enger intensiver Landwirtschaft, Klimaerwärmung an esou virun, guer net ka Schrëtt hale mat der Zerstéierung a Verschlechterung vum Zoustand vun der Natur. Et ass och kloer, dass d'Naturschutzpolitik aleng net duerheet, soulaang parallel an der Landwirtschaft an an der Siidlungsentwécklung, am Transport oder an der Ausrichtung vun der Wirtschaft weiderhi villes dem Naturschutz zuwiderleeft.

De leschte Reporting iwwert den Zoustand vun de Liewensraim an d'Aarte-villfalt zu Lëtzebuerg schwätzt eng kloer Sprooch: Zee Drëttel vun de Liewensraim sinn an ongëschtegem bis schlechtem Zoustand. Besonnesch an der oppener Fläch an an de Fichtgebied ass d'Situatioun schlecht. Als Grënn dofir ginn d'intensiv Landwirtschaft genannt, de Véibestand an d'Düngung an esou weider, awer och d'Waasserqualitéit, mee och de Flächeverloscht respektiv d'Veerännerung vun der Notzung vun engem Terrain.

Bei den Aarten ass et nach vill méi dramatesch: D'Majoritéit vun den Insekten verzechent e Réckgang. Vill Aarte sinn no um Ausstierwen. 80 % vun de Villacher sinn an engem ongëschtege bis schlechtem Zoustand. Och hei gëllen déi dominant Form vun der Landwirtschaft, de Flächeverbrauch an d'Ingerance an Ökosystemer als Haaptgrënn fir dës geféierlech Entwécklung. Allgemeng verschlechtert sech d'Situatioun vu Reporting zu Reporting, wat bedeit, dass Lëtzebuerg sengen europäesche Verflechtungen am Naturschutz net nokënn.

Här President, d'Naturschutzgesetz muss un dësem Constat gemooss ginn, och wann ech widerhuelen, dass dëst aleng net kann duergoen. Ech probéieren, verschidde vun de proposéierten Ännerungen um Naturgesetz, déi elo hei virleien, awer virun deem Hannergrond ze diskutéieren.

Ee Punkt, deen eis staark interesséiert, ass zugläich eng vun den Haaptsaile vum Gesetz: d'Ausgläichsmesur fir Agräffer an der Natur. Wéi uganks scho gesot, hu mir Bedenken, wat déi ökologesch Kompensatiounen ugeet. Als Éischt emol ass et jo esou, dass d'Ökosystemer esou komplex sinn, fir de Mënsch oft nach net ganz duerchkuckbar oder ze verstoe sinn, wouduerch d'Fro berechtigt ass, wat iwwerhaapt kompenséiert soll a ka ginn. Kann een Eidechsepopulationen vun der Plaz X einfach op eng Plaz XY ëmsidelen? Kann een e puer Hektar Bësch ofholzen an einfach op enger Agrarfläch neier planzen, souwéi dat jo beim Contournement zu Käerjeng virgesinn ass?

Dëse System setzt nämlech e méiglechst vollstännegt Wësse viraus, eppes, wat vu vir era schonn a Fro ze stellen ass, sief et nëmme, well et keen aktualiséierte Biokadaster gëtt an et bis elo och keng gesetzlech Basis fir dëse Kadaster.

D'Lescht mat de Biotopaarten, déi geschützt ginn, gëtt awer elo an d'Gesetz opgeholl. Mee dat geet net duer, well mir jo esou nach net wëssen, wou et haut iwwerall esou Biotope gëtt. Dëst onvollstännegt a vereeltent Bild op d'Biotopen zu Lëtzebuerg ass och e Grond fir d'Zerstéierung vun aacht Quadratkilometer Biotopfläch an de leschten zéng Joer.

Den zweete Punkt puncto Ausgläichsmesur betrëfft d'geografesch Gebidder, an deenen dës Mesuren ëmgesat ginn. Idealerweise missten déi Kompensatiounen op der Plaz oder ganz no bei der Plaz, wou den Agrëff an d'Natur geschitt ass, och ëmgesat ginn. Mee vu dass déi meescht Agrëffer an dicht besidelt Gebidder am Süden oder ronderëm d'Stad passéieren an hei den Terrain awer vill méi deier ass, ginn d'Mesuren éischter um Rand vum Secteur écologique respektiv a méi rurale Géigenden ëmgesat, wat natierlech zu enger Delokaliséierung vun Natur a manner Liewensqualitéit a stättesche Géigende

féiert. Et weist eis awer och, dass Natur an d'Kompensatioun vun zerstéierter Natur net mat engem harmoniséierte Geldwäert ka berechent ginn, scho guer net, wann de Buedempräis mécht, dass d'Land esou staark variéiert.

An der Gesetzesännerung ass elo hei eng Ouverture dran, déi sécherlech och an eng richteg Richtung geet, andeem den Demandeur fir e Projet op engem Terrain ugrenzend oder zumindest an der Gemeng selwer ka Kompensationsmesuren duerchféieren, awer just, wann en och e Besëtzer vun dëser Fläch ass. D'Gemengen hunn hei bemängelt, dass dat fir si awer keng gangbar Pist ass, well esou Flächen net aus engem Gemengepool kënnen kommen, wat den Impakt vun dëser Mesur natierlech beschränkt.

Wann een un dës aktuell Reegelung wëllt dragoen, muss natierlech och de Geldwäert vun engem „Écopoint“ an de Gemengen op Grondlag vum reellen Terrainswäert festgeluecht ginn. Mir halen dëst op alle Fall fir eng méigleche Pist, fir Naturschutz méi direkt op der Plaz duerchzuféieren an dem lokalen Niveau hei méi eng staark Roll am Sënn vu méi Ëmweltschutz an Naturschutz ze ginn.

Et gëtt sécherlech nach vill méi ze soen zu de Kompensatiounen. Besonnesch den Zäitraum vu siwe Joer, dee versträiche kann, bis eng Kompensatioun tatsächlech och ëmgesat gëtt, schéngt eis net am Sënn vum Schutz vun der Natur ze sinn.

Mee ech wëll nach e puer Ännerungen am Gesetz thematiséieren. D'Ausweidung vum Virverkafsrecht fir d'Gemenge fir net bebauten Terraine bei Flossleef ass ze begreissen. D'Fro stellt sech natierlech awer, ob dat iwwerhaapt kann a wäert genotzt ginn. D'Virverkafsrecht entre autres am Logementsberäich ass jo zolidd a Fro gestallt a keng Gemeng traust sech méi dorunner erun. Wäert dat am Kader vun dësem Gesetz méi genotzt kënnen ginn? Mir zweifelen dorunner, well d'Gemeng jo och hei muss kënnen beleeden, firwat se deen Terrain da kafe wëllt, ab deem Moment, wou den Terrain zum Verkauf steet an d'Gemeng vun hirem Recht Gebrauch maache wëllt. Kann eng Gemeng dat a gëtt dat vun de Gerichter dann och als valabel unerkannt?

Héich Welle geschloen an de leschte Méint hunn d'Sanktiounen, déi bei verschiddene Verstéiss géint dëst Gesetz kënnen verhaange ginn, besonnesch am Fall vun de Konstruktiounen an der Zone verte. Mir mengen, dass de Kompromëss, dee fonnt ginn ass, wat d'bestoend Konstruktiounen an der Zone verte ugeet, ganz verstänneg ass.

Bei de Sanktiounen, déi am Fall vu Verstéiss géint déi verschidde Bestëmmungen am Gesetz kënnen verhaange ginn, gi mir eng Rei Saachen ze bedenken. D'Strofe sinn natierlech héich ugesat, d'Méiglechkeeten, fir ze enquêtiere fir d'Police an déi dofir habilitéiert Beamte vun de staatleche Verwaltungen kënnen ganz wäit goen.

Mir sinn awer och der Meenung, dass Verstéiss géint d'Naturschutzgesetz keng Kavaliersdelikter sinn. Héich Peinë wierken ofschreckend, jo, mee och sensibiliséierend. Et läit an der Aufgab vun de Gerichter, d'Severitéit vun engem Verstouss feststellen an ze bewäerten. Mee et ass awer d'Aufgab vun der Politik, fir opgrond vum méigleche Strofmooß fir e Verstouss duerstellen, dass d'Verknaschung vun engem Gewässer oder d'Entsuerge vun Offall an engem Biotope wäitgoend a schlëmm Konsequenze kann hunn, direkt haut oder zäitversat op kommend Generatiounen. Och vereenzelt Agrëffer an d'Zerstéierung vun Natur, déi sech summéieren, droen zum Verloscht vun der Aarte-villfalt an am Endeffekt zur Zerstéierung vun de Liewensgrondlage bäi.



Et gëtt nach vill zu dësem Punkt an och zu aneren ze soen, d'Thematik ass einfach passionnant. Mee ech kommen elo awer zum Schluss, fir ze soen, datt mir dat Gesetz esou matstëmme kënnen, dat awer ouni ganz grouss Begeeschterung, well d'Erausforderungen, déi sech am Naturschutz stellen, mat dëser Reform sécherlech net konsequent genuch kënnen ugepak ginn - leider! Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och der Madamm Cecchetti. An den nächste Riedner ass den Här Marc Goergen. A jo, en ass prett. Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Dëst Naturschutzgesetz ass, well et ëm de Klimaschutz geet, eent vu menge Liblingstheemen. A mir Piraten wäerten et och haut esou an där Form matstëmmen.

Mir hunn nëmmen ee Planéit an dëse Planéit an all déi Wonner, déi op em drop sinn, musse mer schützen. D'Mënschheet huet sech et bis elo ëmmer einfach gemaach, fir d'Natur ze behandelen ..., bon, kommt mir soen, fir se schlecht ze behandelen. An der Vergaangenheet goufe Bëscher ofgeholzt a ganz Landstrécher goufen oft massiv duerch intensiv industriell Aktivitéit kontaminiert, déi heemesch Déieren- a Planzwelt gouv vernicht, wann de wirtschaftlechen Interessi virun d'Natur gestallt gouf.

D'Mënschheet huet d'Ëmwelt während laanger Zäit wéi eng Minière behandelt, ganz nom Prinzip: einfach alles eraushuelen, ouni Récksiicht op d'Natur. Wou dat higefouert huet, gesi mir haut.

Weider da mam Zoustand vun eise Grondgewässer a Flëss, déi a Rapporte vun der EU-Ëmweltagentur leider ganz schlecht ewechkommen. Och eis Bëscher sinn an engem zimmlech schlechten Zoustand, wat zum Deel op de Klimawandel zrëckzuféieren ass, mee zum Deel och op eng intensiv Forstwirtschaft an op eng konventionell Landwirtschaft.

Alles dat féiert am Endeffekt zu enger Verschlechterung vun den natierleche Liewensraim vu villen heemeschen Déieren a Planzen. Wéi den Observatoire de l'environnement festgehalen huet, sinn zwee Drëttel vun den natierleche Liewensraim an engem schlechten Zoustand a vill Déierenzorte si lues a lues um Wee vun der Auslöschung.

Zu Lëtzebuerg si mer nach ëmmer wäit vun engem naturnoeren an nohaltege Wirtschaftssystem ewech. Lëtzebuerg huet nach ëmmer en ze héije Ressourcenverbrauch. Eisen ekologesche Foussofdruck ass leider nach ëmmer enorm.

Et gëtt och ëmmer erëm driwwer geschwat, dass de Bauperimeter soll erweidert ginn, woubäi mer u sech am besteende Bauperimeter genuch Fläch fir de Wunnengsbau zur Verfügung hunn, wouvun eng 500 Hektar Bauland am Besëtz vum Staat sinn, dee mol selwer net soe kann, wéi vill Terrainen aktuell do drop bebaut kéinte ginn, wéi aus enger Äntwert vun enger parlamentarescher Fro ervirgaangen ass.

Lëtzebuerg ass kee Musterschüler am Ëmwelt- a Klimaschutz a vill Indicateure weisen dat ganz gutt. Aus deem Grond ass et och eis Pflicht an eis Verantwortung, endlech d'Kéier ze kréien hin zu engem Wirtschaftsmodell, deem Natur, Ëmwelt a Klima respektéiert. Dofir ass dës Ännerung vum Naturschutzgesetz fir eis Piraten och ganz sënnavoll, well mir derfir suergen, dass d'Spillreegelen - jo, wann och vläicht nëmme liicht - méi streng ginn, fir dass de Mënsch an de Planéit net méi wéi eng Minière behandelt ginn.

Mir Piraten begrëssen dofir dëse Gesetzesprojet, deem der Natur liicht méi Gewicht gëtt par rapport zu de wirtschaftlechen Interessen. Et ass richtig, dass

mir Mënschen eis Liewenswelt méi der Ëmwelt upasse mussen an net méi ëmgedréit.

Natierlech ass awer och dëst Gesetz bei Wäitem nach net staark genuch, fir all d'Effekter ze bremsen. An de verschiddenen Aise vun de Berufskummeren an Organisationne koom vill Verschiddenes an och Nätzleches u Kriticken un d'Liicht. D'Prozedur bei der Ëmweltverwaltung si laut den Avisen nach ze lues an ze laangwierig an hei ass d'Regierung, jo, virun allem d'Ministesch an der Pflicht ze kucken, dass d'Prozeduren net hänke bleiwen, wann d'Lag kloer ass.

Et ass och oft ze liesen, dass d'Informatiounen iwwert den Ëmweltschutz net kloer an net zentraliséiert genuch ze fanne sinn, zum Beispill wat d'Biotope betrëfft, wou de Syvicol zum Beispill eng Zentraliséierung vun de verschiddene Kadasteren am Geoportail freet. De Mouveco freet souguer, dass hei en ale Kadaster aktualiséiert a juristisch verankert gëtt, well e puer vun den erfaasste Biotope mëttlerweil jo leider verschwonne sinn.

Wat d'Kriticken zum Bau a Gréngzonen ugeet, do muss ech dann awer och kloer soen: Eng Gréngzon ass eng Gréngzon a fir eis Piraten soll se och eng Gréngzon bleiwen.

Mir Piraten gesinn dat prinzipiell esou, dass de Mënsch sech net méi soll a Gréngzonen amëschen. Mir sinn dofir och net ganz averstanen, fir elo hinzugeen an ze probéieren, biologesch Landwirtschaft a Gréngzonen unzefänken, well mir éischter der Meinung sinn, dass et nach genuch Flächen hei am Land gëtt, wou iwwerhaupt emol eréischt mat der biologescher Landwirtschaft misst ugefaange ginn.

Mam Strofekatalog, deem elo mat dësem Gesetz agefouert gëtt, kann een och vill driwwer diskutéieren, ob déi Strofen elo ugepasst sinn. Allerdéngs muss ech elo och op dat zrëckkommen, wat ech viru gesot hunn: Mir dierfen d'Natur net weiderhi behandele wéi eng Poubelle!

D'Strofen op e Verhalen, wou Déiere gequält ginn, Dreck an d'Natur gehäit gëtt oder illegal Bauten an enger Gréngzon gemaach ginn, sinn an eisen Aen elo endlech ugepasst. Et ass wichteg, dass d'Leit verstinn, dass d'Natur dobaussen eppes ass, wat mer fleege mussen. Et gouf an de leschte Jore scho genuch futti gemaach. Mir stinn an enger Biodiversitéitskris, an enger Klimakris. Mir kënnen eis kee grave Feeler méi erlabe! Dofir musse mer derfir suergen, dass eis Natur an Ëmwelt an deenen nächste Joren erëm opgebaut kënne ginn anstatt dass se ofgebaut ginn.

Mir Piraten wäerten dëse Gesetzesprojet haut matstëmmen an e Merci un de Rapportier, den Här François Benoy. Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och, dem Här Goergen. An d'Wuert huet elo dee leschten ageschriwwene Riedner, den Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen och dem François Benoy als Rapportier villmools Merci fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an där Zäit, déi der CSV nach iwwreg bleift, wëll ech op zwee Aspekter agoen. Dat ass, ...

(Hilarité)

... a, elo gëtt gestoppt!

(Brouhaha)

Dat sinn engersäits d'Recoursen, déi d'Bierger hu géint iwwer vun Decisiounen, déi an der Verwaltung

gehoht ginn um Niveau vun dem neien Naturschutzgesetz. Dat sinn anerersäits awer och virun allem d'Strofen, déi an dësem Gesetz nei ageschriwwen goufen.

An ech wëll dat net verstanen hunn, dass dat reng juristescht Geplänkels an eng technesch Diskussioun ass, well et ass eng politesch Dimensioun hannert deem Ganzen. Et geet nämlech hei ganz kloer ëm Agrëffer an d'Privatpropriétéit vun eenzelne Leit. Et geet ganz kloer ëm Agrëffer an d'Bewegungsfräiheet vun de Leit an et geet och ganz kloer ëm Agrëffer an d'wirtschaftlecht Handele vun den eenzelne Leit, wat Grondfräiheet sinn, déi bei eis an der Verfassung ageschriwwen sinn.

An et ass virun allem eng aner politesch Dimensioun derbäi, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass déi, dass dat ganz oft vun där grénger Partei - a mir ënnerstëtzen déi Prinzippien och -, als hir Prinzippien dohigestallt gëtt, mee wann et ëm gréng „Duftmarke“ geet, da ginn déi Prinzippien des Ëfteren iwwer Bord gehäit. An ech huelen dräi Stéck dovunner eraus. Dat ass éischters: Mir wëllen ewech - d'Madamm Tanson kënnt net oft genuch an d'Justizkommissioun - vun „le tout pénal“. Mir wëlle méi Rechter fir d'Bierger a mir wëlle virun allem och méi Verhältnisméissegkeet an de Mëttele vun dem Staat géint iwwer vun dem Agrëff op déi eenzel Fräiheete vun de Bierger.

Dir Dammen an Dir Hären, an deene Minutten, déi mer bleiwen, wëll ech Iech schwaarz op wäiss beweisen, dass déi gréng dat, wat se oft als eegenen Usproch op deene Plazen hunn, an dësem Gesetz als null und nichtig dohistellen.

Éischters zu dem Strofmoss: Mat dësem Gesetz, Dir Dammen an Dir Hären - meng Virriedner si schonns deelweis drop agaangen -, hu mer, nun haalt Iech gutt un, 61, 61 Handlungen, déi als strofbar duerch d'Gesetz duergestallt ginn, mat enger Prisongsstrof vun 8 Deeg bis 3 Joer a mat Geldbousse vun 251 bis 750.000 Euro! Dat muss Der Iech emol op der Zong zergoe looslen! Hei maache mir mat engem Coup, mat engem Vott - déi Leit, déi derfir stëmmen -, 61 Strofhandlungen sanktionabel mat enger Prisongsstrof vu bis zu dräi Joer.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass richtig: E Verstouss géint eng Ëmweltgesetzgebung ass kee Kavaléiersdelikt. Mee et muss een awer eng gewësse Verhältnisméissegkeet an deem Ganze bäibehalen. Mir fannen et net normal, soen ech ganz éierlech, dass, wann e Bauer net oppasst an e plout en Deel vun enger Heck mat ewech - dann huet en eng Biotopezerstörung -, e sanktionabel ass vun dräi Joer Prisong.

Mir fannen et net normal, dass, wann een an dat falscht Düngemittel gräift, wann een zum Beispill Mësch verschpree, wann ee Gülle verschpree oder Klärschlamm - wat fréier nach ëmmer, kann ech mech erënneren am Ufank, wéi ech Buergermeeschter war, ënnerstëtzt ginn ass, de Klärschlamm op d'Felder ze féieren -: dräi Joer Prisong. Wann een zur falscher Zäit eng Wiss méit: dräi Joer Prisong. An da geet et nach méi wäit.

Munch Buergermeeschteren an de Syvicol hunn zu Recht drop higewisen. Wann Dir Restriktiounen, zum Beispill sportlecher Natur, zum Beispill touristescher Natur, kultureller Natur oder Fräizäitnatur, mëssuecht: dräi Joer Prisong. Wann Der d'Tranquilitéit, dat heescht Ruhestörung op verschiddene Sitten, wann Der déi net respektéiert: dräi Joer Prisong. Et sëtze vill Buergermeeschteren heibannen. Wësst Der, wat dat do heescht?

Wann Dir eng Zone de réserve naturelle hutt, an et gëtt der, ech kennen eng bei mir an der Gemeng, ech



weess awer net wat de genaue Perimeter ass vun der Zone de réserve, déi do verleëft ... Ma wann do de Propriétaire a säi Bësch geet oder wann de Propriétaire op en Terrain geet an e flitt do mat enger Dron, e flitt do zum Beispill mat engem Seegelfliger, dee ferngesteuert ass, dat däerf en do net maachen. Wann een an engem Bësch firt an enger Zone de réserve naturelle, sief dat mat engem Mountainbike, et kënnt een of vun dem normalen Tracé vun engem Wee: dräi Joer Prisong. Dat ass alles beluecht.

Wann ee picknicke geet op eng Parzell Bësch, déi engem gehéiert, an enger Zone de réserve geleeën: dräi Joer Prisong.

Dir Dammen an Dir Hären, jo, Ëmweltdelikter si keng Kavaliersdelikter. Mee ech muss Iech ganz éierlech soen: Et muss awer do eng gewësse Verhältnismässigkeet bestoen!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Da kënnt d'Madamm Ministesch, déi da seet: „Wéinst engem Ëmweltdelikt, besonnesch déi, déi Dir elo beschreift, Här Roth, fir déi souz nach keen zu Schraasseg.“ Jo, dat ass ganz richtig. Mee dann äntweren ech der Madamm Minister: Ma firwat schreift Der da Sanction-pénale mat Prisong an? Firwat geet net bei verschiddenen eng Geldstrof duer?

An da komme mer op déi berüümte Verhältnismässigkeet. Ech wëll Iech dat emol eng Kéier veranschaulichen. Wësst Der, wat am Code pénal am Artikel 439 steet, fir eng Prisongsstrof?

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Wann Dir bei engem eraklammt a seng Schlofkummer, a säin Haus abrieche, Hausfriedensbruch mat Escalade oder Infractioun, Abroch, wësst Der, wat d'maximal Prisongsstrof ass? Zweek Joer. Ech kann Iech soen: Virun dräi Joer stoung ech eng Kéier vis-à-vis vun engem bei mir an der Schlofkummer. Dat ass keen agreabelt Gefill. An Dir sidd frou, wann Der dat séier lassgitt!

Wësst Der, wat dorop steet als Prisongsstrof, wann Der ee méi wéi zéng Deeg bei Iech am Haus einfach unter Verlies aspäert - dat nennt een eng Sequestriation: zweek Joer Prisong!

Wësst Der, wat et heescht, wann een engem mat Pre-meditation Coups et blessures zoufuegt? Wësst Der, wat dorop steet? Dräi Joer Prisong. Dat ass also déi selwecht Strofdot, déi selwecht Sanktioun, déi Der hutt, wann Der eent vun deene Vergoen ... Jo, Dir kënnt de Kapp rëselen, et ass esou, wéi et am Text ...

**M. Pim Knaff** (DP) | Här Roth, dat ass awer net esou. Déi Strofen, déi Der elo genannt hutt, sinn net richtig.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Déi stinn am Artikel 399 vum Code pénal. Da gitt Der se nokucken.

Da wëll ech Iech soen: Et gëtt keng Verhältnismässigkeet am Verglach zu anere Strofdoten, mee virun allem, an dat fanne mir vill méi schlëmm, gëtt et keng Verhältnismässigkeet zu den Ermittlungsmethoden, déi geholl ginn, fir déi Infraktiounen um Niveau vun der Ëmwelt festzustellen. An dat fanne mir besonnesch schlëmm!

De Legislateur schreift souguer - dat heescht am Projet de loi steet eigentlech d'Begrënnung dran, firwat dass esou héich Prisongsstrofe virgesi sinn, an nonchalant seet een do -: Ma mir hätte gär, dass een d'Méthode particulière d'investigation hätt. Wat ass dat, eng Méthode particulière d'investigation? An engem Gesetz vun 2009, ech kommen dorobber zrëck, ass déi agefouert ginn. Ma dat heescht zum

Beispill niewent dem Fakt, dass een ee kann um Handy oflauschteren, dass een de Bauer, dee plouge geet, deen en Deel vun enger Heck mat ewechhëlt, iwwer säin Handy ka geolokaliséieren. Alles dat ass domadder erlaabt.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Dat kann dach net sinn, ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Et ass, ...

**M. Laurent Mosar** (CSV) | ... Här Roth!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, et kann net sinn, an et geet nach méi wäit, Här Mosar! Et geet nach méi wäit, dass een och kann Observatiounen maachen, Beobachtungen. An et geet nach méi wäit, dass ee kann Infiltratiounen maachen! Dat heescht net, dass een eng Piqûre kritt, mee dat heescht am Kloertext, dass een eng verdeckten Ermittlung ka maachen. Dat ass esou wéi an den DDR-Zäiten!

An do soen ech Iech, wéi hei d'Positiounen vun deene Gréngen eng Kéier esou, eng Kéier esou ausfalen. 2009 hat ech d'Chance, Rapporteur vun deem Gesetz ze sinn. Dat war kuerz virun de Chamberswahlen 2009 am Juni. Dat Gesetz ass gestëmmt ginn am Mee 2009. Do gouf et grouss Diskussiounen. D'Intervenante waren ënner anerem déi fréier Justizministeresch, d'Colette Flesch. Si, d'DP, hunn dat Gesetz net gestëmmt. A virun allem huet déi gréng Partei dat Gesetz net gestëmmt mat deenen aussergewöhnlechen Ermittlungsmethoden, déi ech Iech genannt hunn: verdeckten Ermittleren, wéi zu beschten DDR-Zäiten, Observatiounen.

Wësst Der, wien do derzou geschwat huet? Dat war de fréiere Justizminister an deemolege justizpolitische Spriecher vun déi gréng. A wësst Der, wat den Här Braz dozou gesot huet? Deemools ass et nämlech net gaangen, dass ee verdeckten Ermittlung gemaach huet, deemools ass et net gaangen, dass een Infiltratioun gemaach huet par rapport zu sämtlechen Delikter a Criminen. Neen! Do war eng limitativ Lëscht. Déi ass gaange vum Terrorismus, vum Finanzement vum Terrorismus bis hin zu Mënschenhandel. Déi ass gaange bis hin zur Pedopornographie. Déi ass gaangen iwwert d'Criminalité organisée, also äusserst grav Delikter. A virun allem Criminen.

Wësst Der, wat den Här Braz dozou ... an ech mengen, ech däerf dat elo soen: Den Här Biltgen war deemools ... Nee, den Här Frieden war nach Minister, a mir hunn dat jo als Rapporteur da missen duerchbréngen, mee den Här Braz huet - net zu Onrecht - deemools gesot: Doduerch, dass mer déi Lëscht opgestallt hätte mat deene graven Infraktiounen - déi ech genannt hunn -, hätte mer wëlle sécherstellen, dass déi heite Méthodes policières effektiv och nëmmen an deenen Ausnahmefäll ugewannt kéinte ginn, an deene se ubruecht wieren, an deene se also am Respekt vum Prinzip vun der Proportionalitéit Sënn géife maachen. Dat huet den Här Braz am Numm vun der grénger Partei 2009 gesot.

Haut huele se déi Méthode particulière d'investigation mat V-Männer - mat V-Männer, verdeckten Ermittler - net fir Pedopornographie. Déi ginn net geholl fir Crimes organisés, déi ginn net geholl fir d'Traite des êtres humains, mee déi gi geholl fir ze kucken, ob de Bauer op där richteger Plaz plout oder net.

Ech muss Iech ganz éierlech soen: Dat fanne mir net an der Rei! A mir verstinn eigentlech net, wéi een hei nonchalant mat enger grousser Majoritéit wëllt dëst Gesetz esou stëmmen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | En zweete Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass dee vun de Recoursen. Ech kann

do méi schnell driwwer goen. Wärend 40 Joer hate mir am Ëmweltberäich e sougenannte „recours en réformation“. Dat nennt een e „Recours um Fong“. Dat nennt een e „recours de justice direct“. Wat heescht dat? Majo, wann ee mat enger Decisioun vum Minister oder vun der Verwaltung net d'accord ass, da bréngt een dat virun d'Verwaltungsgericht an dann tranchéiert d'Verwaltungsgericht iwwert dee gesamten Dossier.

Dat heescht, d'Verwaltungsgericht ... an dat hu se oft gemaach a mir haten de Mëtten nach kuerz iwwert dem Iesse vun der Fraktioun gesot: Ma de Francis Delaporte, de President vun der Cour administrative, dee mécht dat eigentlech mat enger grousser Serenitéit. Deen huet d'Leit komme gelooss, en huet Visites des lieux gemaach, si sinn duerch d'ganz Land gefuer a si hunn ni Urteeler brächten do ze schreien, och net an deene geréngste Fäll. Si hunn déi Saachen op dem Terrain en âme et conscience a mat gesondem Mënscheverstand gekläert. An d'Leit waren zefridden. De Ministère war vläicht net ëmmer zefridden - et ass egal -, mee et ass gutt geléist ginn.

A fir dat ze ëmgoen, Dir Dammen an Dir Hären, no 1982, wou de Recours en réformation am éischten Ëmweltgesetz drastoung, no 2004, wou en am Naturschutzgesetz steet, ass en 2018 erausgeholl ginn, well versicht gouf, dass d'Verwaltung, wa se Onrecht huet, dann awer Recht huet. An duerfir ass dee Recours en réformation ersat ginn duerch e Recours en annulation.

Mat engem Recours en annulation musst Der e Parcours du combattant maachen. Éischters emol musst Der en Affekot huelen. Et muss och nach en Avoué sinn, soss däerf en net op d'Verwaltungsgericht plädéieren goen. An da muss deen d'Spitzfindegkeeten erausfanne vun alle Prozedurfeeler, déi eventuell kënnen opgeworf ginn an e wërft déi och nach op. Da geet den Dossier bei d'Verwaltung. Da seet d'Verwaltung: „Hopp, komm, dann huele mer eng nei Decisioun. Mir änneren eppes of.“ An da kann déi Geschicht weider-, weider- a weidergoen. D'Leit sinn onzefridden. Et kascht se hir Suen. An iergendwéi gi se dann eng Kéier op.

Och hei ass keen aneren ewéi d'Staatsbeamtekummer, déi schonn 2018 gesot huet, dass se dat net an der Rei fënnt. Ech soen: d'Staatsbeamtekummer, déi also d'Beamte vertritt! Déi seet, et sollt een an esou engem Fall wéi deem heiten op e Recours en réformation iwwergoen. An iwweregins gesitt Der a sämtleche Publikatiounen, och vu Leit, déi haut op dem Verwaltungsgericht Riichter sinn, dass déi allegueren dat do ënnerstëtzen.

An dat Argument, dat vusäit vun dem Ëmweltministère, vun der Regierung ugefouert gëtt, fir ze soen: „Ma dat ass fir d'Leit souwisou vill ze vill komplex. Do fanne se sech guer net erëm. An d'Gerichter fanne sech net erëm.“ Ech hunn Iech virdrun d'Beispill genannt: Wann Der op d'Plaz gitt, fannt Der schonn, mengen ech, mat gesondem Mënscheverstand, net nëmmen als Buergermeeschter, mee meeschtens och als Riichter, eng richteg Léisung.

Ech wëll Iech awer soen, dass e Recours en réformation, wa mer schwätze vu Komplexitéit, ... déi gëtt et och a Steieren. A Steiere gëtt et e Recours en réformation! Wann Dir mat enger Decisioun vun de Steierdirekter net d'accord sidd, da kënnt Dir - Dir braucht emol keen Affekot ze hunn - als Justiciable eleng op d'Gericht goen an Dir kënnt Är Cause do virbréngen. Ech gesinn awer net, ob e Steierdossier manner Komplexitéit huet fir ze kucken, ob dann elo do e Biotop zerstéiert ass oder ob iergendeng Bud do falsch oder richteg opgericht ginn ass. Da kann een dann och,



mengen ech, zum Deel mat gesondem Mënscheverstand reegelen.

Ofschléissend, Dir Dammen an Dir Hären: Dëst ass an eisen Ae ganz einfach e Paradebeispill, wéi een eigentlech seng eege Prinzippiid widdereet an och déi iwwer Bord gehäit. Mir si géint den „tout pénal“. Ech hunn Iech hei an deene kuerze Minutten, déi mer iwwreg bliwwen sinn, bewisen, dass net manner wéi 61 Strofbestëmmungen hei mat dräi Joer Prisong kënnen geandert ginn. Mir si fir d'Verhältnisméissegkeet vun de Méttelen. Mir hunn hei d'Methode vun der fréierer DDR, mat V-Ermëttlungen, verdeckt Ermëttlungen, mat allen anere Méiglechkeeten, déi mer huelen, fir hei Ëmweltdelikter kënnen festzestellen.

An dann: Mir si fir d'Matsproocherecht vun de Bierger - alles richteg -, mee wann de Bierger sollt bei der Verwaltung sech beschwëieren, wann de Bierger sollt e Recoursrecht hunn, da gëtt en op de Recours en annulation verweisen. E Recours um Fong steet em net zou.

An ech muss soen, et ass hei e bësse wéi mat där vill versprachener grénger Transparenz, déi mer net fonnt hunn am Dossier „Gaardenhaischen Traversini“, déi mer net fonnt hunn an der Affär „Valorlux“ an déi mer och, Madamm Minister, trotz der Hand, déi mer Iech gerecht hunn, an dem Dossier „SuperDrecks-Këscht“ net fonnt hunn. An ech muss dat ganz éierlech soen.

Mir hunn elo virdrun hei festgestallt: Dir waart gëschter zwou Stonne an der Budgetkontrollkommissioun, zesumme mat der Ëmweltkommissioun. Do souzen 30 invitéiert Deputéiert. Dass Dir e Gesetz géift deposéieren, dat géif regulariséieren, dat hutt Der gesot, mee Dir hutt a kengem Moment - jiddefalls zu deene Leit, mat deenen ech geschwat hunn, an net nëmmen déi vu menger Partei - gesot, dass déi Regularisatioun net iwwert de Montant vu 97 Milliounen géif goen.

Mee mir stellen dann haut op Reporter.lu fest, inklusiv op dem Projet de loi - gëschter hutt Der nach vun engem Avant-projet de loi geschwat, obschonn en e Samschdeg deposéiert gouf an d'Ënnerschrëft vun dem Grand-Duc huet -, dass et net ëm 97 Milliounen Regularisatioun geet, mee dass et ëm 112 Milliounen Euro Regularisatioun geet. Ech muss Iech soen: Domadder hutt Der net nëmmen 30 Deputéiert veräppelt, mee Dir hutt d'ganz Land veraarscht a mir fannen ...

*(Brouhaha)*

Ech moosse meng Wieder, well dat, wat Der do gemaach hutt ...

*(Brouhaha)*

... dat geet net!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Gilles Roth** (CSV) | Wat Der do gemaach hutt ...

*(Brouhaha)*

... dat geet einfach net! Et kann een net Heulsuse hei spille kommen a wann eng Chamber engem d'Hand reecht, fir eppes ze regulariséieren, dann hält een déi Hand an et kuckt een, dass een e Kompromëss fënnt an net dat do. Mir wäerten op jidde Fall an deem Dossier net lassloossen! Mir gesinn, dass een hei Waasser priedegt a Wäin drénkt. A mir stëmmen duerfir dat Gesetz net mat.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth.

*(Brouhaha)*

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Regierung huet d'Wuert. D'Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg.

*(Brouhaha)*

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Dat kann dach net sinn!

*(Brouhaha)*

**Prise de position du Gouvernement**

**Mme Carole Dieschbourg**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Här President, erlaabt och mir, fir d'éischt emol dem François Benoy, dem Rapporteur, e ganz häerzleche Merci ze soen an dann eng Kéier kuerz op den Inhalt vum Gesetzesprojet anzegoen, ier ech dann op Remarken aginn.

Jo, et ass esou, dass mer hei net den einfache Wee gewielt hunn, fir einfach ze soen: Mir hunn e Projet 2018 a mer kucken, wéi dat sech entwéckelt. Mir hu relativ direkt, wéi mer gesinn hunn ... D'Praxiserfahrung weist, dass mer kleng Ännerungen brauchen, sief et, well en Tornado iwwert d'Land gefeegt ass oder Iwwerschwemmungen waren, duerch déi Haier kaputt waren a wou mer eis eng Flexibilitéit ginn hunn, sief et awer och, dass mer gesinn hunn, dass verschidden Dispositiounen net openeen passen.

Do hu mer gesot: Mir gräfen dat direkt un. Mir huelen dat direkt op a mir maachen déi Verbesserungen, déi de juristesche Kader erëm komplett maachen. Mir kucken, dass de Cas de force majeure e gudden Kader kritt, an dass déi Leit, déi do geschiedegt waren an hir Haier verluer haten, och d'Méiglechkeet hunn, déi erëm opzebauen. Mir hunn och a sech d'Biotop verankert. An ech mengen, dass déi eenzel Deputéiert op déi juristesche Saachen agange sinn.

Inhaltlech ass et och esou - an do hunn ech den Debat, dee mer an der Kommissioun haten, och immens appreciéiert -, dass och punktuell Verbesserungen hei konnte gemaach ginn, déi dréngend néideg si fir den Naturschutz. Sief et duerch e bësse méi Flexibilitéit grad am Beräich vun der naturnoer Gestioun vun zum Beispill Uebstbauprojeten, vun net professionnelle landwirtschaftleche Projeten, bei deenen awer naturnoer geschaff gëtt, bei deene kleng Infrastrukturen erlaabt ginn, sief et awer och am Beräich vun der Lichtverschmutzung, wou et jo ëm de Schutz vun eise Bestëbsinsekten geet.

An nëmme grad dozou nach eng Kéier kuerz de Punkt och gemaach: Mir hunn och mëttlerweile e Bestëbsberplang, deen zanter leschem Hierscht a Wanter do ass.

Dann hu mer natierlech och Verbesserungen gemaach: D'Arbres remarquables sinn aus dem Denkmalschutzgesetz erauskomm an dëst Naturschutzgesetz a mir hunn awer och eng ganz Hellewull un anere klengen Ännerungen gemaach.

Wat mer net gemaach hunn, Madamm Hansen an nach verschidden aner: Mir hu verschidden Saachen net ugepaakt déi 2018 schon in extenso diskutéiert goufen. Dat ass zum Beispill den Artikel 7 (1), deen hei och vum Här Keup zitéiert gouf. Dat ass awer och elo dat leschtgenannt Beispill vum Här Roth, wou et jo 2018 scho laang Diskussiounen gouf.

D'Transparenz an de Prozeduren, wéi gefuerdert, fannt Der awer trotzdem och an dem Artikel 40. Do

gesäit een eng Publikatioun vir, wann eng Schutzzone kennt. Dat ass eng Remark, déi d'Madamm Hansen hei gemaach huet. Mee, an dat hu mer och länger diskutéiert, et gëtt och dateschutzrechtlech Grënn an awer och Opwandgrënn, firwat een net jidder Eenzelne kann uschreiwen. Et gëtt awer duerchaus, an dat ass an deem Gesetz ëmmer de Fall, op Transparenz gesat an dat wësst Der och. Am Ëmweltberäich si mer och ausserdem der Aarhus-Konventioun ënnerworfen.

Déi grouss Neierung aus dem Gesetz vun 2018 - de Flächepool, mat deem mer haut vill méi schnell a méi cibléiert kënnen schaffen - huet sech, mengen ech, an de leschte Joren duerchaus bewisen. Haut ass et einfach, wann een innerhalb vum Perimeter a sech eppes, wat zerstéiert gëtt, erëm wëllt kompenséieren. Do iwwerhëlt de Staat seng Responsabilitéit.

Do wëll ech och betounen: Zesumme mat der Landwirtschaft kënnen mer vill méi cibléiert a flott Projete maachen. Déi sinn amgaangen unzefafen. Déi lafen um Terrain a mir assuréieren domadder iwwer 25 Joer, dass gudden Naturschutz gemaach gëtt. An och do hu mer fir immens vill Transparenz gesuergt.

Mir hunn e Règlement grand-ducal, an deem ee genee gesäit: Wat sinn d'Ökopunkten? Wéi ginn déi berechent? An dofir ass et haut och vill méi einfach. An des Weidere läit och e Règlement grand-ducal vum Bauen an der Gréngzon vir. An et ass net duerch e Sträichen, duerch en Artikel, wou ee méi transparent fir de Bierger gëtt oder ee méi fir Gläichbehandlung ass, mee duerch méi strukturéiert Virgoen, duerch Reglementer, déi ënnerwee sinn, och duerch Ëmstrukturéieren. Mir sinn amgaangen, eng nei Unitéit opzebauen, och an der Natur- a Bëscherwaltung. Eebe grad, fir d'Prozedur méi schnell ze maachen - dat ass och hei - a fir natierlech awer och eng nei Struktur hei eranzebréngen.

Naturschutz op Zäit gouf vu ville Riedner hei ugeschwat an dofir wëll ech och drop agoen. Well et ass net nëmmen e Flächepool, deen elo seng Wirkung kritt, mat deem mer d'Baue méi schnell maachen, mat deem de Staat seng Responsabilitéit huet. Et waren och aner Iddien am Kader vum Gesetzesprojet diskutéiert an debattéiert ginn, wou ech mengen, dass d'Nützlechkeet vun esou engem Modell duerchaus vun alle Säite gesi gouf. Mee hei hätt een en administratiiv Monster geschaffen, well een hätt misse wierelech kucken: Wou fänke mer iwwerhaupt un? A mir hätten Onsécherheete geschaffen.

Mee wat mer awer maachen - an dëst, well mer eis total eens sinn, dass mer méi Naturschutz brauchen -, dat ass, dass mer dat Konzept zesumme mat dem Economiesministère wäerte probéieren - mir sinn do a Gespréicher -, fir dat zum Beispill a Zone-d'activitéen ze maachen, wou deelweis Terraine länger do sinn, wou mer kënnen déi Analys am Virfeld maachen, wou mer dat kënnen an der Praxis ëmsetzen, ouni dass mer awer hei am Gesetz e Projet uginn, deen esou och administrativ absolut net ze stemmen ass.

Jo, d'Zone verte: Ech kommen zum Bauen an der Zone verte. Och dat war elo just an den Diskussiounen e laangt Thema. A priori muss ee jo soen, dass am Bauparimeter nach vill Plaze sinn an dat Gesetz hei virgesäit, dass d'Zone verte fräi bleift, eebe grad och, well am groussen Deel vun der Zone verte eis Landwirtschaft schafft. A well si an där Zone verte schaffen a buedemgebonne schaffen, hu jo och si eng Virzugsbehandlung.

An, Madamm Hansen, et ass awer net ganz richteg, dass ee fir eng Dusch oder eng Toilette misst eng Autorisatioun froen. Do verweisen ech op den Artikel 7 (2), an deem awer ganz kloer steet, dass, wann



d'Destinatioun net geännert gëtt an den Aspect extérieur net geännert gëtt, een duerchaus och bannen Ännerunge maache kann.

An dann ass et awer och esou, dass natierlech och an Zukunft Renovatiounen machbar sinn. Do verweisen ech op dem Här Keup seng Fro. Natierlech, mee natierlech mussen och Saachen dann autoriséiert ginn. Mee dat war awer och am Virfeld schonn esou. De Kader ass méi kloer. An dat ass awer dat, wat eigentlech jidderee wollt. Mir haten och Fäll, an dat ass schonn eng Zäitchen hier, dass Saachen agefall sinn. Dofir mécht et duerchaus Sënn, dass een d'Stabilitéit prüft, dass een den Aspect extérieur prüft, och aus Naturschutzgrënn. An dofir, mengen ech, ass et falsch, hei ze soen, et wär net méiglech ze renovéieren. Et ass just ganz, ganz kloer kadréiert.

An da wëll ech nach kuerz och op d'Punkte vum Här Roth agoen. Ech mengen, et war den Här Benoy, dee gesot huet: „Mir sinn elo um Niveau vum Déiereschutzgesetz, wat d'Strofmooss uegt.“ Well dat ass hei de Fall. An da muss een awer soen, mir hunn eebe grad d'Strofmooss ganz laang an der Kommissioun debattéiert an diskutéiert. An de Grond, firwat mer dat heite maachen ass jo schonn, dass et muss eng Verhältnisméissegkeet ginn.

An Här Roth, et ass jo och net e Beamte vun der Naturverwaltung, dee géif decidéieren, wéi eng Moyenen agesat ginn. Do si mer eis jo eens. Dat ass jo e Juge. Dat ass jo e Riichter, en Untersuchungsriichter, deen hei en Aemooss muss hunn. A wann Der op där enger Plaz de Riichter traute, dass se kënnen, an dat hat Der beim Recours gesot, eng gutt Decisioun treffen, da mengen ech dach awer och hei, dass et net drëm geet, dass mer hei d'maximal Strofen nennen an dat hei esou opdroen. Mee dass awer duerchaus déi Moyenen - well mir si jo och hei am Beräich vun enger Proportionalitéit -, déi kënnen agesat ginn, och deem muss gerecht ginn, wat gekuckt gëtt.

An och iwwert d'Strofmooss entscheet jo net de Ministère, mee e Geriicht. An dofir mengen ech, dass wann een hei den Naturschutz änlech uegt wéi den Déiereschutz, dat duerchaus méiglech mécht, dass Saache kënnen verfollegt ginn, ouni awer hei iwwert d'Sträng ze schloen.

Nach eng Kéier zesummefaassend: Ech mengen, dass et ganz wichteg ass, ëmmer erëm deenen Entwécklungen, déi mer gesinn, Rechnung ze droen. Och en neit Gesetz ze iwwerschaffen, d'juristesche Basis hei ze stäerken, d'Verankerung vun de Biotopen am Gesetz. Och zum Beispill een Element, dat mat dësem Gesetz wäert kommen - et gouf erwänt -, dat ass d'Kanufueren. Do hu mer an deene leschte véier Joer mat Däitschland vill verhandelt, fir eng gemeinsam Reeglung op zwou Säite vun der Sauer ze kréien. A wa mer dese Prozess hei ofschléissen, dann hu mer och dofir eng gutt Verankerung an e Règlement, deen och da ka publizéiert ginn.

An ech hoffen natierlech, an dat hat d'Madamm Cecchetti och gesot, dass no deene ganzen Diskussiounen, déi och no den Iwwerschwemmungen waren, an hei kënt de Lien da mam Klimawandel ... Eis Baache sinn net an engem gudden Zoustand. An dofir mécht et och Sënn, eng Verbesserung hei anzeféieren, andeems een zumindest d'Méiglechkeet opmécht fir e Virkafrecht, well mir müssen, wat d'Renaturéierung vun eise Baachen uegt - grad well mer den Zoustand vun de Gewässer kennen a well mer awer och de Lien kenne mat der Upassung un de Klimawandel, dee jo d'ailleurs och an eisem neien Instrument, dem Naturpakt, an dem Klimapakt mat opgegraff gëtt -, eis Moyene ginn.

An ech hoffen natierlech, dass mer bei Renaturéierung genausou wéi am Beräich vum Naturschutz kënnen eng Schëpp zouleeën a mat de Leit gemeinsam kënnen den Naturschutz hei zu Lëtzebuerg virundreiwen.

Dofir soen ech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Ëmweltministesche Carole Dieschbourg.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Ier mer elo zum Vott kommen, wollt ech drun erënneren, datt ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kënnen mat ofzestëmmen.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7477. Den Text steet am Document parlementaire 7477<sup>15</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7477 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 35 Jo-Stëmme géint 25 Nee-Stëmmen uegeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. François Benoy), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 13. Question élargie n° 123 de M. Fred Keup au sujet de la langue luxembourgeoise sur le marché du travail

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 123 vum Här Fred Keup iwwert de Réckgang vun der Lëtzebuerg Sprooch an der Aarbechtswelt.

Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Fro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousatzfrage ze stellen. An der Regierung stinn zéng Minutten zou.

Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Här Minister, d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg ass am Wandel. Jo, mir hunn e Sproochewandel. Mir mierken, dass d'Lëtzebuerg Sprooch elo zënter Joerzénge aus dem Alldag, aus ëmmer méi Beräicher lues a lues verschwénnt. Ersat gëtt eis Landessprooch da meeschten duerch Franséisch. Et ass eng Frankonisierung.

Ganz besonnesch schnell verschwénnt d'Lëtzebuerg Sprooch an de leschte Joren och an der Aarbechtswelt. Dat mierke mir all an eisem Alldag. Wa mer eis dann u fréier erënneren, wéi et war virun 30, 40 Joer. Do huet een iwwerall am öffentlechen Raum am Alldag Lëtzebuergesch héieren. Dat ass haut net méi de Fall. A wa mer duerch d'Stad ginn a mir lauschten eis ëm, dann héiert een eis Landessprooch nëmmen nach sporadisch.

Et gëtt méttlerweil scho Lëtzebuergesch, déi automatesch, wa se an e Geschäft eraginn, wa se an engem Restaurant uruffen, fir ze reservéieren, wa se an d'Klinik uruffen, scho vorsehend, prophylaktesch souzeen, Franséisch schwätzen, well se scho guer net méi dervun ausginn, dass deen, deen do um Telefon ass, Lëtzebuergesch géif schwätzen.

Stellt Iech dat emol vir!

**Une voix** | O!

**M. Fred Keup** (ADR) | Dir kennt dat bestëmmt.

(Interruptions)

An dat ass, dat ass d'Erfahrung, déi mir am Alldag maachen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Schléisst net ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Ob Der wëllt ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... vun Iech op déi aner!

**M. Fred Keup** (ADR) | ... oder net, dat ass d'Realitéit hei am Land an de leschte Joren.

(Brouhaha)

Do kënt Der Iech opreegen. Et ass esou!

D'Statistike bestätegen déi schlecht Situatioun vun eiser Sprooch a si weisen eis, wou d'Landessprooch verschwénnt, a si weisen eis och, wéi schnell dat geet.

De Statec, zum Beispill.

(Hilarité)

Während nach an de 50er-Joren quasi jiddereen hei am Land Lëtzebuergesch konnt an och benotzt huet, waren dat laut Vollekszielung am Joer 2011 nach just 70 %. 2018, dat si véier Joer hier, huet de Statec festgestallt, dass nëmmen nach 42 % vun den Awunner Lëtzebuergesch als déi Sprooch, déi se am beschte kënnen, uginne hunn. Bei den 30- bis 49-Järege sinn dat nach 30 %.

Bei enger Fro un de Minister Kersch elo am Summer, déi ech gestallt hunn, ass et ëm d'Sproochen an der Aarbechtswelt gaangen. An do gesäit ee ganz däitlech de Réckgang. Sou huet de Minister Kersch geäntwert, dass nëmmen nach bei 35 % vun den oppene Plaze Lëtzebuergesch gefrot gëtt, also gëtt bei 65 % vun den oppene Plazen d'Lëtzebuergesch Sprooch net méi gefrot. Do spillt se keng Roll méi.

Och d'Uni huet esou Analyse gemaach. Zesumme mam Statec kouw am Mee 2019 eng Analys eraus, déi d'Situatioun kloer beschreift: Franséisch an Englesch ginn ëmmer méi erop, während Lëtzebuergesch ëmmer méi erofgeet a souguer an de leschte Jore vum Franséische souwisou, awer och souguer vum Engleschen iwwerholl ginn ass a Lëtzebuergesch an der Aarbechtswelt just nach déi drëtt Sprooch ass, déi am meeschten da benotzt gëtt.



Och Experte bestätegen et, och wann Dir et vläicht hei net wëllt wouerhunn. Zum Beispill de Fernand Fehlen, fréiere Soziolog vun der Uni Lëtzebuerg an engem Interview Ufank lescht Joer, dee gesot huet, dass d'Roll vum Lëtzebuergesch och erofgeet. En huet gesot, schrëftlech géif d'Sprooch quasi net benotzt ginn, marginal. Hien huet gesot, et géif ee keng Ugestallte méi fannen, déi et kéinten. Hien huet gesot, d'Sprooch géif ëmmer manner vun de Patrone gefrot ginn. An en huet gesot, am Handel géif et kee Personal méi ginn, dat Lëtzebuergesch kéint.

Dofir déi éischt Fro un den Här Minister: Wéi eng Moossnamen ergräift hei d'Regierung, fir eis Sprooch erëm méi an der Aarbechtswelt ze verankere respektiv se an der Aarbechtswelt ze erhalen?

D'Situatioun ass déi, dass ee kann dervun ausgoen, wann een optimistesches ass, dass hei am Land ronn 400.000 Leit Lëtzebuergesch schwätze kënnen, vun de 630.000 Awunner. Dat sinn also 200.000 Leit, déi et net kënnen.

Derbäi kommen dann nach eng Kéier gutt iwwer 200.000 Frontalieren, déi meeschtens och kee Lëtzebuergesch schwätzen. Dat sinn also ronn 400.000 Leit, déi sech hei um Territoire all Dag beweegen a kee Lëtzebuergesch kënnen - 400.000!

Elo gëtt ëmmer dervu geschwat, dass esou vill Leit a Lëtzebuergesch-Course ginn. All Respekt fir déi, déi Lëtzebuergesch léieren! Ma et sinn dach ëm déi - an et geet och net ëm 1.000 un - 10.000 all Joer. Vu 400.000! Also knapp 2,5 % vun deenen, déi d'Sprooch net kënnen. Oder ëmgedrëit: E gudde Krack iwwer 90 % vun deenen déi kee Lëtzebuergesch kënnen, ginn och net a Lëtzebuergesch-Coursen. An déi, déi ginn - dat wësse mer allegueren -, do ass et zu engem groussen Deel, fir d'Nationalitéit ze kréien.

Doduerch verschwënnt d'Lëtzebuergesch ëmmer méi an der Aarbechtswelt. An dat och - an dat géif elo méi wäit féieren - souguer beim Staat.

Duerfir weider Froen: Wéi eng Moossnamen ergräift hei d'Regierung, fir méi Leit ze erreechen a se dozou ze motivéieren, en Incentive ze maachen, fir d'Leit dozou ze bréngen, an d'Coursen ze goen? Kéint de Minister sech eventuell hei Campagné virstellen, eventuell Reklammen, déi dobaussé gemaach ginn, virstellen, fir d'Léieren an och d'Benotze vun eiser Sprooch ze promouvéieren? An: Wéi eng dréngend Moossname ginn hei ergraff, fir d'Kapazitéite vun deene Coursen dältlech ze erhéien an den nächste Joren?

Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR) |** Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Keup. D'Regierung huet d'Wuert.

**Une voix |** Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président |** Den Här Educatiounsminister Claude Meisch.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse |** Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, ech fannen et gutt a wichteg, dass mer och vun Zäit zu Zäit hei an der Chamber iwwer eis Sprooch, iwwert d'Lëtzebuergesch Sprooch schwätzen. Well dat eppes ass, wat d'Leit am Land interesséiert, ob se Lëtzebuergesch sinn, ob se Lëtzebuergesch schwätzen, ob se net Lëtzebuergesch schwätzen, ob se Netlëtzebuergesch sinn, ob se Residente sinn oder Frontaliere sinn an all Dag méi oder manner mat eiser Sprooch konfrontéiert sinn.

Mir wëssen, dass eist Land sech geännert huet. An dat, wat den Här Keup grad hei geschildert huet, ass een Zeechen, eng Auswierkung vun där Verännerung.

Jo, wa mer natierlech en anereren Aarbechtsmarché hunn, jo, wa mer haut en Aarbechtsmarché hunn, dee vu Leit och ganz staark gepräagt gëtt, déi net hei opgewuess sinn, déi vläicht bei eis wunne komm sinn oder déi all Dag bei eis just schaffe kommen, dann ass et jo evident, dass do e groussen Deel d'Lëtzebuergesch Sprooch net esou beherrscht.

Mee ech muss awer soen, dass den Interessi, grad och bei deenen, déi d'Lëtzebuergesch Sprooch net vun doheem matkritt hunn, déi se och net an der Schoul oder, jo, ganz dacks am Schoulhaff geléiert hunn, awer ganz, ganz grouss ass an dass et eis virun Erausforderungen stellt, deem Interessi och nozekommen.

Ech verstinn och, dass et eng grouss Bedeitung huet, d'Valoriséierung vun der Lëtzebuergesch Sprooch. Ech wëll net vun Erhaltung schwätzen, well ech se net esou bedroht gesinn, wéi den Här Keup oder eenzel anereren ëmmer nees. Well ech erliewen all Dag, wéi den Zousproch fir d'Lëtzebuergesch Sprooch ass, an d'Akzeptanz dovunner ass, dass et en Deel vun eiser Identitéit ass nieft der Méisproochegkeet, déi mer aktiv liewen a woubäi mer ganz schnell vun enger Sprooch op déi aner kënne wiesselen an, jo, och ganz dacks a mat Houfert weisen, dass mer méi Sproocher kënnen. An dat wëll ech eigentlech net vermësst wëssen. Dat, mengen ech, gehéiert gradesou zu eiser Identitéit a prägt eis esou an en zeechent eis - an engem positive Sënn eigentlech - aus par rapport zu anere Länner, anere Regiounen, anere Kulturraum.

Mir müssen eis sécherlech bewosst sinn, dass, well mer en anereren Aarbechtsmarché hunn, well ganz vill Leit bei eis beruflech aktiv sinn, déi net hei opgewuess sinn, dat, wat iwwer Generatiounen vläicht gehollef huet, fir d'Lëtzebuergesch Sprooch vun enger Generatioun op déi aner weiderzeginn - dann, wann ee se als klengt Kand net doheem geléiert huet, dass ee se an der Schoul oder am Schoulhaff geléiert huet -, aleng sécherlech net méi duergeet an dass mer méi Efforte mussen maachen, fir och déi Erwuesenen ze viséieren.

An ech denken, dass déi Efforten awer considerabel sinn. A se sinn et och, well eng Offer entstanen ass, déi dältlech méi breet ass an deene leschte Joren. A se sinn et awer och nach eng Kéier, well einfach en Interessi un der Sprooch do ass, och bei deenen Erwuesenen, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen oder och nëmmen hei zu Lëtzebuerg schaffen.

Ee Beispill ass den Institut national des langues, an deem mer 6.200 Inscriptiounen hunn an an deem mer an deene leschte fënnf Joer d'Zuel vun de Leit, déi sech fir d'Lëtzebuergesch Sprooch interesséiert hunn, ëm 77 % konnten eropsetzen, an deem et fir d'éischte Kéier am Schouljoer 2019/2020 de Fall war, dass mer méi Inscriptiounen a Lëtzebuergesch-Coursen hate wéi a Franséisch-Coursen, woubäi Jore virun do nach e grouss Gruef dertëscht louch.

Mir wëssen, dass mer aner Anbieter hunn, och ënner mengem Ministère: de Service de la formation des adultes, wou mer ronn 8.200 Leit hunn, déi dës Joer och erëm nees a Course ageschriwwen sinn, Coursen, déi vun ASBLen assuréiert ginn, Coursen, déi vu Gemengen assuréiert ginn, Coursen, déi vum Service de la formation des adultes selwer assuréiert ginn.

Dat bedeit natierlech, dass mer, wa mer déi dote Croissance wëlle weiderféieren, méi Enseignantë brauchen. An am INL zum Beispill ass d'Zuel vun deenen Enseignanten, déi Lëtzebuergesch-Course ginn, an deene leschte Jore vun 33 op 53 geklommen. Dat ass eng Hausse vu 60 %. An eis Efforten, déi ginn domadder weider.

Ech denken, dass mer awer och müssen innovéieren, wa mer d'Lëtzebuergesch Sprooch wëlle weider

verméttelen, grad, wa mer se och wëllen un Erwuesenen vermëttelen. Mir hunn haut am INL och Offeren am Blended Learning, bei deem also en Deel am Distanzunterricht stattfënt iwwer nei Formullen an en Deel och am Presenzunterricht stattfënt, bei deem ee sech eigentlech am Distanzunterricht gutt kann op eng Matière préparéieren, sech déi scho kann schaffen an uneegnen an dann duerno am Presenzunterricht am direkte Kontakt mat engem Lëtzebuergesch-Enseignant och ka verdéiwen.

A mir wäerte bei der nächste Rentrée 2022 och e weltwäit accessibelen Online-Cours fir Lëtzebuergesch, dee reng online ugebuede gëtt, ubidden an dat successiv ausbauen, fir déi eenzel Sproochenniveauen dann och reng online kënnen ze léieren. A mir ginn dovunner aus, dass do den Interessi hei am Land ganz grouss ass, mee mir ginn och dovunner aus, dass en an eiser direkter Nopeschregioun ganz grouss ass a souguer, dass en a verschiddene Regiounen vun der Welt ganz grouss ass, well wann een do emol mat den Ambassadeuren an den Ambassadeuren schwätzt, kréien déi ëmmer nees Ufroen vu Leit an anere Länner, an eis ganz frieme Länner, fir do och kënne vu Lëtzebuergesch-Coursen ze profitéieren.

Momentan sinn eng ronn 30 Leit och ageschriwwen an der Formatioun vum ZLSK, dem „Zertifikat Lëtzebuergesch a Kultur“, déi duerno autoriséiert sinn, fir an der Formation des adultes och Course kënnen unzibidden, soudatt et also wichteg ass, och do ze kucken, dass mer eng nächste Generatioun vu Formateuren kréien, well soss kënnen all déi Efforten oder kënne mer all déi Ambitiounen, déi mer hunn, fir och den erwuesene Leit d'Lëtzebuergesch nozebréngen, net erreechen.

Nei ass awer och e méi staarken Engagement an der Grenzregioun. A wa mer grad hei d'Presenz vun der Lëtzebuergesch Sprooch op eise Aarbechtsmarché viséieren, dann ass et net onwichtig, dass mer mat Partner an der Grenzregioun, och an der Grenzregioun, do wou vläicht d'Salarié vu muer, d'Lëtzebuergesch Salarié vu muer opwuessen, do wou Leit sech interesséieren an natierlech, wa se hir beruflech Perspektive kucken, och op Lëtzebuerg kucken, och bereet sinn, Efforten ze maachen, d'Lëtzebuergesch Sprooch schonn ze léieren, eier se iwwerhaupt op Lëtzebuerg kommen an eng éischt Demande hei kënne maachen an iwwerhaupt e Fouss op de Lëtzebuergesch Aarbechtsmarché setzen.

Där Formatiounen gëtt et am Saarland. Et gëtt der a Rheinland-Pfalz. A mir hu viru Kuerzem bei der leschter Conférence intergouvernementale och mat der franséischer Regierung en Accord ënnerschriwwen, fir där Formatiounen am franséischsproochegen Raum am Grenzgebitt unzibidden. Dat iwwert d'Académie de Nancy-Metz, déi do eise Partner ass.

Wa mer erëm eng Kéier op d'Aarbechtswelt kucken, dann ass et wichteg, dass mer och an der Formatioun fir d'Berufsausbildung, wou mer sécherlech och méisproocheg Formatiounen ubidden, och fir e frankofonen, jo, zum Deel souguer en anglofone Public Formatiounen an der Berufsausbildung ubidden. Natierlech och déi entspreche Fächerterminologie mat vermëttelen am Lëtzebuergesch, fir dass ech herno, wann ech an d'Garage ginn an ech hunn e Problem mat mengem Auto, och do e Garagist an de Mechanicien versteet, wat dann de Problem ass. An dass ech e Gespréich mat deem kann op Lëtzebuergesch féieren.

Do si mer och amgaangen, grouss Efforten ze maachen. An éischt Léierwierker „Lëtzebuergesch am beruflechen Alldag“ sinn och schonn an der Praxis ukomm. A mir wäerten där och nach weider opleeën.



Ech wëll nach op ee Punkt, Här President, agoen, well mer hei wuel elo eng ganz Rei vun Initiativen opgezielt hunn a sech jo och déi Fro vum Här Keup dorobber konzentréiert huet, wéi mer déi Erwuessen derzou kréien a wéi mer se kënnen ënnerstëtzen, fir Lëtzebuergesch ze léieren, fir datt Lëtzebuergesch eng aner Bedeitung, eng aner Presenz nees kann um Aarbechtsmarché kréien. Ech denken, datt mer awer och, wat d'Initialausbildung ubelaangt, bei deene Jonken hei am Land Efforte kënnen maachen.

Duerfir hu mer bei der leschter Rentrée en neit Schoulfach agefouert iwwer Lëtzeburger Sprooch a Lëtzeburger Kultur op der 4<sup>ème</sup> am classesche Lycée, dat mer axéiert hunn och a Richtung, wat d'Kompetenzen ubelaangt, fir Lëtzebuergesch ze schreiwen a fir e gudd Bagage Lëtzeburger Kultur matzekeréien, well mer wëssen, datt och vill Jonker hei opwuessen, an eis Schoule kommen, déi dat vun doheem net onbedéngt mat kënnen kréien.

A mir wëssen, datt och den Interessi um Richteg-Lëtzebuergesch-Schreiw méi grouss ginn ass. A virun allem bei enger jonker Generatioun eigentlech de Wonsch besteet, sech gutt a korrekt op Lëtzebuergesch kënnen auszedecken, datt net nëmme mëndlech, mee och schrëftlech. An duerfir denken ech, datt mer dat och op enger 4<sup>ème</sup> an engem Alter maachen, wou een aner Sprooch gefestegt huet, a wou een, opbauend dorobber, relativ schnell och kann déi Grondprinzipie vun der Lëtzeburger Orthografie a vun der Lëtzeburger Grammaire ophuelen a mathuelen.

Dann nach just eng lescht Bemierkung: Dir wësst, datt mer an der leschter Legislaturperiod schonn en éischten Entwurf vun engem 20-Joresplang opgeluecht hunn, deen amgaangen ass, iwwerschaaft ze ginn. En ass net nëmme amgaangen ofgeschafft ze ginn, mee en ass och amgaangen opgeschafft ze ginn, fir a sämtleche Secteuren eigentlech vun der Gesellschaft eng Rei vun Initiative kënnen ze huelen, fir d'Lëtzeburger Sprooch ze stärken.

A firwat en 20-Joresplang? Nun, well eng Sprooch wierklech festegen an eng Sprooch weiderginn un eng nei Generatioun respektiv un déi Leit, déi bei eis wunnen a schaffe kommen, dat ass keen Effort, dee vun der Dauer nëmme ee Joer oder eng Legislaturperiod dierf sinn, mee dat muss e laangfristegen Effort sinn, dee muss kontinuierlech sinn an dee muss och koordinéiert sinn. An duerfir hu mer jo och eigentlech, nieft deene ville Benevollen an deenen Initiativen, déi ëmmer existéiert hunn, déi och hir Meritter hunn, déi der Sprooch eng Visibilitéit ginn hunn iwwert déi lescht Joren a Joerzénge an d'Bedeutung eigentlech als Éischt hei am Land thematiséiert hunn, och professionell Strukturen developéiert wéi den Zenter fir d'Lëtzeburger Sprooch, wéi de Kommissär fir d'Lëtzeburger Sprooch, deenen hir Missioun et ass, dat doten eigentlech an engem alldeeglechen, permanenten Engagement mat villen Acteuren, mat ënnerschiddlechen Acteuren am Land, och duerchzusetzen. An dat si se amgaang. Mee do si mer sécherlech nach laang net ukomm, wou mer wëllen hkommen. An duerfir mussen déi Efforten do weidergoen.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Educationminister Claude Meisch. An als nächste Punkt um Ordre du jour hu mer d'erweidert Fro Nummer 124 vun ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här President ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Kersch freet d'Wuert.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här President, ech wollt d'Wuert froe fir Fait personnel. Oder wéi heescht dat bei Iech an der Chamber? Ech sinn ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Et ass Fait personnel.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Jo. Ech sinn nach net esou laang ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Et ass déi eenzeg Méiglechkeet.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech sinn nach net esou laang hei dobäi. Mee ech wollt just preziséieren, wat den Här Keup virdru gesot huet. Ech hat a menger fréierer Fonctioun als Minister hei an enger Question parlementaire geäntwert, dass um Aarbechtsmarché effektiv 35 % vun den Arbeitgeber uginn, dass d'Lëtzeburger Sprooch eng Bedéngung ass, fir ee kënnen anzestellen. Dat heescht awer net am Émkéierschluss, wéi dat hei duergestallt ginn ass, dass dat bei deene 65 anere Prozent zu Lëtzebuerg keng Roll géif spillen. An ech wollt dat eng Kéier hei preziséieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, dem Här Kersch fir déi Präzisoun.

#### 14. Question élargie n° 124 de Mme Martine Hansen au sujet de la formation liée aux métiers du bâtiment

An da komme mer elo bei déi erweidert Fro Nummer 124 vun der Madamm Martine Hansen iwwert d'Ausbildung vun de Bauaarbechter. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Merci, Här President. Datt mer hei zu Lëtzebuerg musse bauen, ech mengen, dat schéngt jiddwerengem kloer ze sinn: Wunnengen, Stroossen, Vëlosweeër an esou weider. A wa mer gäre wëlle bauen, brauche mer Aarbechtskräften. A wa mer Aarbechtskräfte brauchen, musse mer och Aarbechtskräfte ausbilden. Ech denken, och dat schéngt jiddwerengem anzeliichten.

D'Chambre des Métiers huet 2019 eng Publikatioun gemaach, wou se d'Betriber gefrot huet: „Ass Äre Betrieb gebremst doduerch, datt Iech Aarbechtskräfte feelen?“ A wann ech mech do op de Secteur vum Bau just konzentréieren, dann hunn 2017 19 % gesot, si wäeren an hirer Entwécklung gebremst doduerch, datt se net genuch Aarbechtskräfte géife fannen. 2018 waren et 23 % an 2019 waren et 28 %, déi mat Jo geäntwert hunn. An ech fäerte ganz, datt dat an deene leschte Joren net besser ginn ass.

A wann ech elo dervunner ausginn, datt mer net ëmmer méi Aarbechtskräften aus dem Ausland kënnen - ech soen elo mol einfach - importéieren, och wa mer déi brauchen an och do musse mer un der Attraktivitéit schaffen, sou musse mer trotzdeem kucken, datt mer der hei zu Lëtzebuerg méi an deem Beräich och ausbilden.

Dunn hunn ech dann natierlech och gekuckt: Wou bilde mer dann hei zu Lëtzebuerg aus? A wann een de Bau kuckt, dann huet Lëtzebuerg am Moment just ee Lycée, an dat ass de Lycée Josy Barthel zu Mamer, deen am Bau ausbilt. Deen huet de Bautechniker, deen huet de Bauzechner. En huet dann och déi véier Bauberuffer: de Maurer, de Façadier, de Plafonneur an de Plätterchersleeër. Dann huet den LTC och nach de Charpentier an de Couvreur. An ech ginn elo net op de Schräiner an, op Chauffage sanitaire, ech wëll mech hei just op de Bau begrenzen.

Mir hunn och nach eng BTS-Ausbildung am Hoch- und Tiefbau. A mir haten nach eng zweet BTS-

Ausbildung am Conducteur de travaux, déi konnt leider hir Lizenz net verlängeren.

An da kommen ech och direkt zu de Froen. Déi éischt Fro, Här Minister, ech krut gesot, ech weess awer net ob dat stëmmt, dofir froen ech dat no: Stëmmt et, datt, trotz deem wierklech héije Bedarf an trotz deem, datt mer nëmme op enger Plaz ausbilden, am Verglach zu 2011-2012 d'Zuel vun de Bautechnikerschüler am éischten Ausbildungsjoer ëm méi wéi 50 % am Lycée zu Mamer erofgaangen ass?

An do ass dann eeben natierlech ... hänt dann d'Fro hannendrun: Wat kënnen do d'Ursaache sinn? A wat kann ee maachen, fir deem entgéintzewierken? Well mir hu jo trotzdeem e grouse Bedarf.

Dann déi zweet Fro: Och laut mengen Informatiounen konnten d'BTS-Klassen am Lycée Josy Barthel ab deem Schoulufank net méi zu Mamer gehal ginn, mee si sinn elo um Geesseknäppchen, an dat anscheinend wéinst Plazmangel. Duerfir: Wéi staark sinn d'Ausbildungsplazen am Lycée zu Mamer limitéiert?

Dann déi drëtt Fro: Stëmmt et, datt mer hei zu Lëtzebuerg keng spezialiséiert Ausbildung am Déifbau hunn, wou mer déi awer natierlech och brauchen?

Déi véiert Fro - de Buergermeeschter sëtzt do, hie passt elo op, wat ech soen - De Clierfer Lycée, dee war uganks - deen anere Buergermeeschter hat och opgepasst -, och geduecht fir Bauächer. Et ass awer dunne decidéiert ginn, fir dat eréischt an enger zweeter Phas ze maachen. Mir haten dat deemools och e bësse kritiséiert. Mee elo ass d'Fro eeben: Wéini fänken hei déi Ausbildungen zu Clierf un? A wéi eng Ausbildung sinn dat konkret? Wäerten déi sech och esou änlech wéi zu Mamer op den Héichbau konzentréieren? Woubäi ech och mengen, datt mer definitiv zwee Lycéeën an deem Beräich brauchen, well ee Schüler vu Wäiswampech, Knapphouschent, Bruechtebaach, Housen, dee kennt net op Mamer. An ech mengen ëmgedréit ee vu Mamer, Péiteng, Esch, dee géif och net onbedéngt op Clierf fueren. Dat heescht: Bilden déi zwee Lycéeën déi selwecht Ausbildungen aus oder kënn am Lycée zu Clierf och den Déifbau derzou, wou mer wierklech hei zu Lëtzebuerg nach keng spezialiséiert Ausbildung hunn?

Eng nächst Fro ass: Wéi genau geet de Ministère vir, wann d'Ausbildungsoffer geplangt gëtt? Plangt de Ministère dat national oder iwwerléisst hien dat awer och gréisstendeels de Schoulen? A wéi reagiert de Ministère op d'Bedarfsanalys vun der Chambre des Métiers? Misst net allgemeng d'Offer ausgebaut ginn?

Eng aachte Fro, an do kann ech Iech et aus eegener Erfahrung soen: Et ass eng Tatsaach, datt et fir eng Schoul méi einfach a méi attraktiv ass, ee Classique ze organiséieren oder och nach ee Général ze organiséieren oder och nach vläicht eng Europaschoul ze organiséieren wéi eng Berufsausbildung. Bei enger Berufsausbildung huet een eng ganz aner Stonneplang-Organisatioun, et huet een Atelierien ze féieren, wat vill méi komplizéiert ass, well méi kleng Gruppe musse gemaach ginn an et muss ee virun allem och vill méi ëm de Budget streiden, well do brauch een aner Sue pro Schüler wéi an engem Classique. Wat gesäit de Minister vir, fir och fir d'Schoulen d'Offer vun de Berufsausbildunge méi attraktiv ze maachen?

An eng lescht Fro: Mir brauche méi Schüler am Handwierk. Et wär wichteg, wann eis Kanner vu Klengem u géifen d'Handwierk an och d'Handwierk vum Bau kenneléieren. Wat gesäit de Minister an der Grondschoul vir, fir de Kanner déi praktesch Fäegkeete méi nozebréngen?

Ech soen Iech Merci.



Plusieurs voix | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Hansen. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educatiounsminister Claude Meisch.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wann ech déi Froen do alleguerten elo gutt nogelauschtert hunn an ech awer och de Wonsch vun eenzelne Kollegee vun Iech héieren hunn a wouergeholl hu virdrun, datt et net ze laang sollt daueren den Owend, dann héieren ech do schonn e gewëssene Widdersproch eraus.

Ech wäert awer probéieren, op de Punkt ze kommen. Ech wëll awer och soen, datt ech sécherlech net op all Detailfro kann äntweren, well no deem, wat als Fro ugeklärt war, ass et ganz schwéier, fir herno bei esou detailléierte Froen dann awer mat konkreete Chifferen ze äntweren. Mee ech hat virdrun eng Fro an der mëndlecher Froestonn vum Sven Clement. Deen huet ganz genau Froe gestallt a senger schrëftlecher Angab an ech hunn och ganz genau herno hei kënnen prezis äntweren. Wann een dat esou kritt als Fro, da kann ee sécherlech och herno aneschtors dorobber äntweren.

Et läit mir gradesou um Häerz wéi, mengen ech, eis alleguerten heibannen, datt mer genuch Leit ausbilden. Ech géif emol soen, net nëmme fir de Bausecteur, mee fir d'Handwierskentreprise am grouss Ganzen. A mir sinn op ganz villen Niveauen aktiv fir ze kucken, do d'Promotioun vun Handwiersberuffer ze maachen. An ech ginn dem Martine Hansen absolutt Recht, datt mer dat fréi mussen ufänken. Datt dat eng Selbstverständlechkeet muss ginn och an de Grondschoulen.

Ech sinn ëmmer nees begeeschtert, wann ech zum Beispill a Maison-relais erakommen an et do e Bausall gëtt an d'Kanner do kënnen „bauen“ an hir Erfahrung maachen. A mir mussen jo wëssen, datt mer do opbauend mussen kucken, op allen Niveauen an ëmmer erëm altersgerecht och de Jonken an de Kanner den Zougang ze ginn zu éischter techneschen, handwiersklechen, manuelle Beruffer, well ganz dacks déi Beruffer an der reeller Beruffswelt jo esou ofgeséichert sinn, securiséiert sinn, datt e Kand oder e Jonken do kaum ka mat era kucke kommen, fir sech e konkreet Bild dovunner ze maachen.

Duerfir fannen all déi dote Projeten ëmmer nees eis Ennerstëtzung. An ech wëll se elo net alleguerten hei opzielen. Ech wollt eigentlech keen opzielen, fir net iergendwou ee spezifesch herauspicken.

Ech wëll awer soen, datt mer den 2. bis de 4. Mee eng grouss Foire an der Luxexpo organiséieren, wou mer eis schoulesch Offer an awer gläichzäiteg och all déi Beruffsbiller aus der Beruffsausbildung presentéieren, ganz praktesch och presentéieren an dat zougänglech maache fir sämtlech Schouלקlassen, awer och fir Schülerinnen a Schüler, déi ausserhalb vun der Schoulzäit kommen mat hiren Elteren, fir einfach och do e konkreet Bild ze kréie vun der gesamter schoulescher Offer. Well dacks ass et jo och esou, datt wann eng Formatioun net a menger Schoul a mengem Lycée ugebuede gëtt, da kennen ech se net, da kréien ech se net nobruecht an da wielen ech se och net. Fir do wierklech emol eng Kéier déi ganz Panoplie vu Formatiounen a virun allem och vun den techneschen, manuellen, handwierskleche Beruffer kënnen ze weisen. An ech freeë mech eigentlech schonn op deen dote Moment. An ech mengen, datt mer do och ganz vill Partner agebonnen hunn, déi mer par ailleurs och an all deenen Diskussiounen hei mat u Bord hunn.

Dir nennt eng Etüd vun der Chambre des Métiers. Et gëtt anerer. An ech denken, all Sektour zu Lëtzebuerg seet, datt ee sech nëmme ka gutt entwéckelen, wann ee gutt qualifizéiert Leit kann astellen a kann integréieren a senger Entreprise. An dat gëllt sécherlech ganz besonnesch fir de Bausecteur. Dat gëllt fir all Handwierskentreprise. An dat gëllt fir all anere Sektour public oder privé doriwwer eraus. Doriwwer si mer eis eens. An duerfir hu mer jo och mat de Sozialpartner zesummen decidéiert, datt mer e Skillsdësch grënnen, datt mer do e permanenten Echange hu mat de Sozialpartner iwwert d'Besoinen, déi existéieren.

Op Wonsch vum Patronat grad ass et awer och esou, datt mer eng OCDE-Etüd an Optrag ginn hunn, fir genau ze analyséieren, wat d'Besoinen vun eiser Ekonomie sinn, awer och am Hibleck op déi Transformatiounen, déi mer an der Economie wäerten hunn, déi mer an der Technologie wäerten hunn. Ech nennen elo nëmme déi zwou, déi eis alleguerten am geleefteste sinn: déi digital Transformatioun, déi energieetesche Transformatioun, wou ganz vill Beruffsbiller och ganz praktesch wäerten ofgeännert ginn, wou Beruffer risikéieren ewechzefalen, nei Beruffer wäerten entstoen, wou Contenuen an eenzelne Beruffer och komplett mussen änneren.

An do erwaarde mer eigentlech fir Enn des Joers och konkreet Resultater. An op deene wäerte mer et baséieren, fir an der Grondausbildung eng Rei vun Adaptatiounen virzehuelen. Et ka sinn, datt nei Formatiounen wäerte lancéiert ginn. Et ka sinn, datt de Contenu vu besteeënde Formatiounen soll iwwerduecht ginn, an datt mer eis virun allem awer och op där anerer Säit an der Formation continue dann och deem unhuelen sollen, well mer wëssen, datt et an enger Rei vu Beräicher eeben net duergeet zu Lëtzebuerg, iwwert d'Initialausbildung ze fueren.

Ech mengen, wann Der mat engem Entrepreneur schwätzt, dee vläicht schonn iwwer Generatiounen tätég ass, dee confirméiert Iech, datt dat doten nu keen neie Phenomeen ass, datt grad an der Baubranche e gudden Deel vun der Main d'œuvre eeben net hei zu Lëtzebuerg opgewuess ass an ausgebild ginn ass. Ech kann Iech Chifferen gi vum leschte Joer: Do si 9 %, déi an där Branche geschafft hunn, Lëtzebuurger Residenten. Da gëtt et nach 34 %, dat si Résidents non luxembourgeois, an dat anert, dat sinn da Frontalieren. An dat ass e Bild, wat nun net grondleeënd aneschtors ass ewéi zum Beispill sechs Joer virdrun. 2015 do waren et 10 % Lëtzebuurger Residenten. Et waren 38 % net Lëtzebuurger Residenten an de Rescht Frontalieren. An ech denken, wa mer zéng Joer méi fréi, 20 Joer méi fréi, 30 Joer méi fréi géife kucke goen, da wär dat Bild do sécherlech net aneschtors.

A mir wëssen, datt grad an der Baubranche och ëmmer nees Leit mat gerénger oder och ouni Qualifikatioun agehallt goufen. An duerfir ass grad an der Baubranche och d'Formation continue esou wichteg. An duerfir ennerstëtze mer jo och als Regierung enner anerem Initiativen ewéi de Kompetenzzenter, den IFSB vun der Baubranche, dee gedroe gëtt vum Sektour selwer, fir do d'Leit kënnen weiderzebilden an ze kucken, dem reelle Besoin an hiren Entrepreneuren och kënnen zouzeféieren.

Dat entbënnt eis net dovun, permanent ... an dat maache mer och mat de Sozialpartner, well an der Beruffsausbildung ass jo net d'Regierung oder de Ministère aleng, deen do decidéiert, mee et ass mat der Chambre des Salariés, mat der Chambre de Commerce, mat der Chambre des Métiers, mat der Chambre d'Agriculture, wou déi eenzel Beruffsbiller bis hin zu de Contenuen och ëmmer nees iwwerschaaft ginn. A wann et esou ass, datt effektiv an een-

zelne Formatiounen den Interêt ofgehallt huet, da mussen mer eis där Saach unhuelen.

Ech ka mech erënneren, datt mer virun e puer Joer festgestallt hunn, datt mer e rasanten an ecrasanten Ofbroch an den Inscriptiounen an den Elektrikerformatiounen festgestallt hunn. A mir hunn effektiv gekuckt: Wat gëtt do geléiert? An dat war eigentlech nach den Elektrikerberuff vu fréier, dee geléiert ginn ass. A mir hunn eng nei Formatioun opgeluecht, déi de fréieren Elektriker ersat huet. Mir nennen dat haut dann - den Här Keup wäert mer et verzeien - „Smart Technologies“. Mee dat ass awer och sënnebildlech gemengt, fir da ganz kloer och ze soen: Jo, do geet et eeben och ëm déi nei Technologien, déi natierlech als Basis den Elektrikerberuff hunn, mee awer ganz nei Servicer a ganz nei Technologien, ganz nei Clientëlen, ganz nei Marchéen eigentlech domadder kënnen desservéieren.

An ech mengen, datt mer en änlechen Exercice och vläicht an eenzelne Beräicher vun der Baubranche sollte maachen. An dat maache mer net aleng. Dat maache mer mat de Groupe-curriculair, wou d'Vertreder vun de Beruffskummere mat derbäi sinn, déi d'Praxis hu vum Terrain, déi eis do kënnen guidéieren.

Et ass op jidde Fall eis Volontéit, fir all déi Beruffer do kënnen reegelméisseg ze iwwerschaffen, fir se der Realitéit unzepassen an domadder schonn zur Attraktivitéit och bäizedroen, fir ganz kloer ze weisen: Beruffsausbildung, dat ass eppes, wat à la pointe du progrès ass, Beruffsausbildung, dat ass eppes, wat Perspektiven huet, Beruffsausbildung, dat ass eppes, wat haut gefrot gëtt, a wat net eng verstëbsten Ausbildung vu fréier ass.

A wa mer et dann och nach fäerdegbréngen, déi richtig Leit dohinne orientéiert ze kréien, an dat erwaarde mer eis och mat enger Foire vun de Formatiounen an de Beruffer, datt mer do e Schratt no vir kënnen kommen, dann hu mer zesummen eppes geschafft.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Educatiounsminister Claude Meisch.

## 15. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la situation de l'aviation civile et de l'aéroport de Luxembourg

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Situatioun vun der Aviatioun a vum Flughafen zu Lëtzebuerg, déi d'CSV-Fraktioun ugefrot huet. D'Riedezäit ass nom Artikel 84 (2) vum Chambersreglement festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt den honorablen Här Serge Wilmes, als Vertreter vun der CSV-Fraktioun. Här Wilmes, wannechgelift.

### Exposé

**M. Serge Wilmes (CSV)** | Merci villmools, Här President. Jo, mir hunn als CSV-Fraktioun eng Aktualitéitsdebatt iwwert d'Situatioun vum Flughafen an der Aviatioun hei zu Lëtzebuerg gefrot, well dës fir ons eng strateegesch Bedeitung hunn.

Zwee Punkte sinn eis dowéinst als CSV wichteg. Dat eent ass: Wéi geet der Aviatioun, dem Flughafen aktuell? An dat anert: Wat fir engen Erausforderung mussen se sech stellen?

D'IATA, déi international Aviatiounsassociatioun, seet, datt d'Pandemie 2020 weltwäit fir e Minus vu 60 % Passagéier op dem Linneverkéier gesuergt huet. Dat ass dee gréissten Abroch an den Zuele vun de Passagéier, zënter deem dës Zuel gezielt gëtt, dat heescht zënter 1950.



Global gött et e Verloscht fir d'Aviatioun 2020 vun 126 Milliarden Dollar an et sinn an deem Secteur 2020 eng Millioun Aarbechtsplaze gestrach ginn.

An Europa sinn et 2020 67 % manner Passagéier op Linnefluch ginn.

Zu Lëtzebuerg huet dat e Minus vun 71 % Passagéier fir d'Luxair bedeit. Hei ass virun allem de Business-secteur staark agebrach gewiescht: minus 80 % par rapport zu 2019. De Fräizäitberäich, dee war manner staark agebrach, mee huet natierlech och gelidden.

Et gött just een eenzege Beräich, deen e Liichtbléck ass an deen iwwerall Rekorder geschriwwen huet. Dat ass de Cargo weltwäit an och natierlech hei an Europa, well deen hat et fäerdegbruecht, fir 2020, um Enn 2020 schon erëm den Niveau vun 2019 ze erreechen.

D'Cargolux ass aktuell déi siwentgréisste Cargogesellschaft op der Welt. Alleguerten d'Cargogesellschaften hunn natierlech dovunner profitéiert, datt manner Passagéierfliger ronderëmgeflu sinn, déi jo och Cargo mathuelen. An 2020 huet ons national Cargogesellschaft e Rekordgewënn vu 636 Milliounen Euro gemaach.

Dat göllt natierlech dann och fir de Cargocenter. Och fir dee war et en historesch ganz gutt Joer. 2020 war dat zweetbeschte Joer. Nëmmen 2018 war et nach besser.

An och 2021, wou d'Zuelen nach net alleguerten doleien, wäert e gutt Joer gi fir de Cargocenter a fir de Cargoberäich. Hei kënnen mer dovun ausgoen, datt et en zweet Rekordjoer hannerenee fir de Cargocenter an d'Cargolux wäert ginn.

Wéi ass d'Situatioun um Flughafen selwer? De Gestionnaire lux-Airport hat 2019 nach 4,4 Millioun Passagéier gezielt an 2020 sinn et just nach 1,4 Millioun Passagéier gewiescht, dat heescht e Minus vun 68 %.

Déi staark Croissance, déi dee Flughafen Joer fir Joer kann huet virun der Kris, déi ass ganz kloer gebrach ginn. An et wäert op d'mannst nach bis 2023, 2024, 2025, also d'nächst Joere daueren, bis et nees biergop wäert goen.

Wéi allgemeng d'Zuele vun der Aviatioun sinn, déi d'IATA nach net konnt liwweren, dat wäerte mer fir 2021 gesinn. Si wäerte warscheinlech besser sinn, mee net vill besser awer wéi 2020.

D'Aviatioun ass, an dat kann ee wierklech ouni grouse Pathos soen, an der gréisster Kris, déi se bis elo kann huet an hirer Geschicht. Och hei zu Lëtzebuerg si mer natierlech dovunner betrëff.

Dem LuxairGroup, deem geet et momentan net wierklech gutt. En ass ganz staark betrëff. 2020 hat en en Nettoverloscht vun 154 Milliounen Euro. Nach eng Kéier: minus 71 % Passagéier! 2019 hat dee selwechte Group nach en Nettogewënn gemaach vun 8 Milliounen Euro.

Déi strukturell Problemer vun der Luxair sinn natierlech och duerch déi Kris nach verstärkt ginn. Ganz gutt ass et awer, an ech mengen, dat hu mir och als CSV, als Oppositioun, ënnerstëtzt, datt d'Tripartite zesummekomm war an et fäerdegbruecht hat, am Hierscht 2020 derfir ze suergen, datt et net géif zu Entloossungen hei zu Lëtzebuerg an der Aviatioun kommen.

A mir begrëissen och an deem Kader d'Approche vum Luxair-Direkter, dee seet, datt een d'Luxair muss als Grupp gesinn, als eng Luxair, déi als Ganzt soll profitabel sinn, an déi och soll hire bal 3.000 Mataarbechter eng Stabilitéit an eng Perspektiv ginn. Och wann haut natierlech kee weess, wéi d'Luxair weider duerch dës Kris wäert kommen, där hir Nowierkungen op d'mannst nach zwee bis dräi Joer wäerten daueren.

Op där anerer Säit kann een awer déi Kris och als eng Chance gesinn, grad fir eng kleng Gesellschaft wéi d'Luxair, déi sech méi séier upasse kann, déi vill méi flexibel ka si wéi déi grouss, déi Neies derbäisetze kann, nei Destinatiounen teste kann - dat mécht se jo och -, a wa se net klappen, och erëm séier kann ewechhuelen. Huelt zum Beispill eng Destinatioun wéi Dubai, dat ass, zwar wéinst der Weltausstellung, elo eng, déi ganz beléift ass. Mee et kann ee sech och vläicht virstellen, datt een déi kéint bäibehalen. Oder aner Destinatiounen, wou vill Lëtzebuerger gären - saisonal mol jiddwerfalls - an d'Vakanz ginn, kéinte vläicht eng Kéier bäikommen, wéi Thailand oder Südafrika. Jiddwerfalls gött et Nischen, déi et ze erfuersehe göllt, déi et ze besetze göllt, esou wéi d'Luxair dat bis elo jo ëmmer gemaach huet a wéi se dat och muss weider maachen.

Mee dozou gehéiert awer och déi richteg Gréisst vu Fligieren, fir datt och kënnen déi verschidde Kategorie vun Destinatiounen ugeflu ginn. D'Flott vun der Luxair muss also kloer och weider moderniséiert ginn, fir och déi ideal Auslaaschtung ze kréien an domadder maximal profitabel ze sinn.

2021 ass schon nees méi geflu ginn, an déi nächste Jore wäert ganz sécher och erëm d'Demande, wann d'Kris wäert ofhuelen, nees an d'Luucht goen. Wuel wäert et manner zu Businessreise kommen, dofir awer vill méi zu privaten Fräizäitreessen. Et ass also e grouss Potenzial do, mee natierlech och eng ganz grouss Konkurrenz, ganz besonnesch vun deene vun de Low-cost-Airlines, déi och fir d'Luxair eng richteg haart Konkurrenz wäerte bleiwen.

Dowéinst allgemeng ons Fro un d'Regierung: Wat fir eng Roll kann iwwerhaupt d'Regierung bei enger strategescher Upassung vun der Luxair spillen? Si ass do jo Aktionär. Mee wat fir Moyenen huet se iwwerhaupt, fir d'Luxair dora kënnen ze begleeden, esou wéi se dat elo gemaach huet? Si huet jo gekuckt a gehollef, fir och d'Mataarbechter eriwwehuele bei de Staat, fir datt se net mussen entlooss ginn.

Gutt fanne mer och d'Ausso vun der Cargolux hirem CEO, dee gesot huet, datt och d'Cargolux gare wëllt en Deel si vun der Léisung fir d'Lëtzebuerger Aviatioun, soulaang dat natierlech net un hir eege Substanz géif goen. Mee och hei ass d'Fro un d'Regierung: Wat kann d'Cargolux weider dofir maachen, ausser datt se, wéi bis elo, e puer Pilote vun der Luxair bei sech eriwwehgeho huet?

Niewent der Pandemie ass a bleift natierlech och de Klimawandel déi gréisst Erausforderung, där mer eis alleguerten - all Secteur - musse stellen, mee och ganz besonnesch d'Aviatioun. D'Aviatioun mécht zwar weltwäit nëmmen 2 % vun den CO<sub>2</sub>-Emissiounen aus, mee och si muss hire Bäitrag leeschten, fir datt mer géint de Klimawandel kënnen ukommen.

An dowéinst huet d'EU-Kommissioun jo Pläng presentéiert, fir vun 2023 un eng Kerosinnsteuer anzeféieren, déi dann zwar iwwer zéng Joer soll eropgesat ginn, bis se dann 2033 soll voll spillen. Hei stellt sech natierlech awer d'Fro: Wat ass da mat deenen Airlinnen, déi net aus EU-Staate kommen? Esou eng Steuer soll der EU no derzou féieren, datt et och en Incentive gött, fir kënnen de Verbrauch vum Kerosinn ze reduzéieren.

Mee wéi eng Méiglechkeeten hunn d'Airlines hautdesdaags an och an den nächste Joren, fir kënnen manner Kerosinn ze verbrauchen?

Nei Maschinnen? Jo, natierlech. An eng Moderniséierung vun enger Flott ze investéieren ass wichteg a richteg, mee nach sinn net alleguerten déi Maschinnen um Maart, déi och dofir gebraucht ginn.

Nei Kraaftstoffer? Dee sougenannten „E-Fuel“ oder „E-Kerosinn“, dat ass eng Verbindung tëschent Waasserstoff an CO<sub>2</sub>, do gött et schon eng Produktioun dervun. Et gött zwar nëmme kleng Produktiounen, dat heescht, dat geet nach laang net duer, fir kënnen komplett der Aviatioun zur Verfügung ze stoen, awer e kann no an no agespeist ginn an deen aktuelle Kerosinn.

Oder d'Fluchgesellschaften kënnen hir Emissiounen kompenséieren duerch Investitiounen a Projeten, déi hëllefen, fir eeben den CO<sub>2</sub> weltwäit ze reduzéieren.

Eng aner Pist, an dat ass eppes, wat absënns Europa betrëfft, ass, datt natierlech probéiert soll ginn, vläicht manner direkt Bannefluch ze maachen an déi grouss Länner an do méi op den Zuch oder de Bus ze setzen, well all Fliger, deen do net wäert fléien, wäert och CO<sub>2</sub> spueren. Bon, dat ass natierlech ganz schwéier vereinbar mat iwwerhaupt dem Businessmodell vum Fléien an och ganz besonnesch fir esou eng ganz kleng Fluchgesellschaft an e klengt Land wéi Lëtzebuerg, wat drop ugewisen ass, well, an dat, mengen ech, wësse mer alleguerten heibannen, ausser mat Frankräich a mat Paräis hu mer net wierklech eng ganz gutt Zuchverbindung, well Lëtzebuerg gött nach ëmmer vun deenen interessantsten Zuchstrecken, a besonnesch vun deene séiersten Zuchstrecken, groussraimeg ëmfuer.

Et ass hautzudaags méiglech, vun all gréisserer Stad, déi ronderëm onst Land läit, mat enger séierer Zuchverbindung kënnen an déi eng an an déi aner Stad ze kommen, ouni mussen iwwer Lëtzebuerg ze fueren. Dat ass awer ganz kloer net d'Schold vun der Regierung an och net vun deene Regierung vu virdrun, déi nach ëmmer probéiert hunn, fir onst Land do besser unzebannen! Mee dat huet ganz kloer mat dem liberaliséierten europäesche Maart ze dinn, virun allem dem Schinnereseau, deen awer nun emol muss kucken, fir dohinner ze fueren, wou et Sënn mécht, wou et hinnen dann eeben och eppes abréngt. An do ass leider Gottes d'Zuchverbindung a Richtung Lëtzebuerg net onbedéngt déi interessantst.

An esou laang bleif awer d'Aviatioun ganz kloer déi eenzeg Alternativ, fir datt och Lëtzebuerg attraktiv bleift an och gutt ugebonnen ass un déi europäesch Nopeschlänner, natierlech niewent dem Autobunneseau.

An heibäi spillt de Flughafen natierlech eng zentral Roll. De Flughafen muss modernste Strukturen hunn an Infrastrukturen an iergendwann sech och ëmmer méi selwer wirtschaftlech droen. Dofir ass d'Fro: Wéi geet et weider mat deem Projet „Airport City“, wou eng éischt Phas jo amgaangen ass gebaut ze ginn, mat der Erneuerung vun der Pist, mat neie Gebaier an Hangare fir d'Luxair? Wéi ass et mat dem Kontrollturm? A wéi en Entwéicklungspotenzial huet onse Flughafen als Cargohub iwwerhaupt och nach?

De Flughafen, de Cargocenter, d'Luxair an d'Cargolux dat si fir onst Land Liewensoderen. Dat sinn déi direkt Verbindungen zu ganz Europa, zu der Welt, fir Mënschen a fir Wuere. Dat huet ons grad dës Kris nach eng Kéier gewisen. An dofir musse mer och alles als Land maachen, fir datt mer no dëser Kris e méi staarke Flughafen, eng méi staark Aviatioun hunn, fir datt mer als Land attraktiv bleiwen, fir datt ons Awunner an d'Wuere sech kënnen séier a fräi iwwert d'Grenzen ewech bewegen. Well wéi et mat engem klengen Land ka goen, wat net méi eng eegen national Fluchgesellschaft an domadder och net méi en Afloss huet op seng international Ubannung, dat weist Slowenien, dat zënter 2019 keng national Fluchgesellschaft méi huet an zënterhier och immens dorënner leit.



An dofir musse mer, wéi gesot, fir ons als CSV, alles hei zu Lëtzebuerg maachen, fir datt ons Aviatioun, onse Flughafen, d'Erausfuerrungen vum der Zäit - de Klimawandel, d'Coronakris an d'Verännerungen, déi se matbruecht huet - an de Grapp huelen an als Chance gesinn, fir datt se, wéi gesot, ons Liewens- oderen an ons Dier zur Welt an zu Europa och bleiwen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Wilmes.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn agedroen. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Max Hahn (DP)** | Merci, Här President. Jo, Lëtzebuerg ass net onbedéngt bekannt als grouss Fluchnation. Mir sinn e klengt Land, mir hunn e klenge Flughafen, net ze vergläiche mat Frankfurt, Paräis oder Amsterdam. An awer ass de Findel fir eist Land enorm wichteg. Spéitstens während dem Confinement, wou den Himmel op ville Plazen eidel war an d'Fliegen an den Hangare stoungen, hu mer gesinn, wéi wichteg eise Flughafen fir eist Land ass. Dank dem Findel an der Cargolux konnten eis Spideeler mat dem néidege sanitäre Material, wéi Beootmungsapparater oder Masken, versuergt ginn. Grad am Ufank vun der Pandemie war dëst en entscheidende Virdeel, fir séier op d'Situatioun kënnen ze reagieren an, jo, och Liewen ze retten.

Ech wëll dowéinst direkt soen: Fir eis als DP ass et am nationalen Interessi, dass eis national Fluchgesellschaften dës Krisen iwwerstinn, an dass de Staat dofir och säint soll maachen, fir dës Secteur ze ënnerstëtzen - esou wéi en dat an de leschte Méint gemaach huet -, fir dass d'Aviatioun zu Lëtzebuerg weiderhin eng Zukunft huet, grad och am Kader vun de spezifeschen Erausfuerrungen, virun deenen d'Aviatioun steet, virop natierlech dem Klimawandel.

De Findel an déi zwou national Fluchgesellschaften, wou de Staat Aktionär ass, hunn e grouss strategesche Wäert fir eist Land. Et stäerkt engersäits natierlech eis Attraktivitéit, dass mer eisen eegene Flughafen hunn, vu wou aus Verbindungen an déi ganz Welt ugebuede ginn. Anerersäits, ech sot et, hu mer an dëser Kris gesinn, dass de Fluchverkier essenziell fir déi national Versuergung a Sécherheet ass. De Findel ass quasi eis Dier an d'Welt. A mir hunn all Interêt, derfir ze suergen, dass dës Dier opbleift!

Nieft strategesche Consideratiounen huet de Flughafen awer och e wirtschaftlecht Gewicht, dat net ze vernoléisseg ass. Ech wëll just drun erënneren, dass de Findel fir ganzer 5 % vum lëtzebuergesche PIB verantwortlech ass. Dat si ronn 3 Milliarden Euro Wäertschafung fir d'Joer 2019. An Aarbechtsplazen ausgedréckt hänke vum Findel net manner wéi 24.000 Aarbechtsplazen insgesamt of, dovunner ëm déi 6.000 ganz direkt.

Mee mir wëssen alleguer: De Fluchverkier steet viru groussen Erausfuerrungen, an dat net erëischt zënter der Pandemie!

Corona huet dës Erausfuerrungen allerdéngs nach emol daitlech verschäerft. Nohaltegkeet a Klimaneutralitéit si Sujeten, déi scho méi laang eng dréngend Noutwendegkeet duerstellen, besonnesch fir dës Secteur. Wéineg aner Secteure ginn esou staark mam Klimawandel a Verbindung bruecht wéi de Fluchverkier. Dëst gëtt ganz daitlech op de Punkt bruecht duerch de schweedesche Begrëff „Flygskam“, op Däitsch „Flugscham“, also d'Tatsaach, dass ee sech geniert, de Fliger ze huelen.

Ouni wëllen ze vill op déi Diskussioun anzegoen, ass et sécher richteg, dass ee fir méi kleng Distanzen net onbedéngt de Fliger muss huelen. Mee et ass trotzdem Fakt, dass de Fluchverkier och an enger klimaneutraler Welt seng Plaz wäert hunn. An do gëllt et eeben ze kucken, dass mer den Iwwergang esou gutt wéi méiglech hikréien.

D'Erneuerung vun enger Flott kascht effektiv richteg vill Geld a setzt héich Investitiounen viraus. Dobäi kënnt, dass Fligeren och eng Liewensdauer vu 25 Joer a méi hunn. Dat bedeit, esou eng Erneuerung mécht een och net all puer Joer. Wann de Betrib da während Wochen a Méint net dréit, da mécht dat d'Saach natierlech net méi einfach.

Och wann nom grouss Confinement am Fréijoer 2020 de Betrib erëm ugezunn huet, virun allem während de Summerméint, huet dat net kënnen d'Verloschter kompenséieren. D'Zukunft ass alles anescht wéi gewëss. Grad elo iwwert de Wanter gesi mer, dass iwwerall nei Restriktiounen decidéiert ginn, wat och alt erëm seng Repercussiounen op den Tourismus huet. De Brancheverband IATA geet dervun aus, dass mer fréistens 2024 beim prepandemeschen Niveau ukomm sinn. Mee och dat weess natierlech kee mat honnertprozenteger Sécherheet.

Et ass also eng komplizéiert Situatioun. D'Regierung ass sech deem net nëmme voll a ganz bewosst, mee huet iwwert déi lescht Méint och konkret Mesurë geholl, fir de Secteur iwwer Waasser ze halen. Esou ass bekanntlech viru ronn engem Joer eng Tripartite zesummekomm, an där hirem Kader och en Ofkomes ausgehandelt gouf, dat de Wee bis 2024 opweist. Ënner anerem si verschide Restrukturierungsmesuren decidéiert ginn, wéi d'fréizäiteg Pensiounsuntrëter oder de Prêt temporaire de main d'œuvre un de Staat.

Als DP begrësse mer dat natierlech. A mir sinn doriwwer eraus der Meenung, dass och iwwert déi nächst Jore weiderhi muss gekuckt ginn, fir d'Aarbechtsplazen ze sécheren an d'Iwwerliewe vun der Luxair a vun der Cargolux ze garantéieren.

Wéi genee dat an der Praxis geschéie soll, bleift ofzewaarden. Mir mussen d'Situatioun genee am A behalen. Donieft muss en temps utile e Bilan gemaach ginn, wéi déi jeeweileg Moossname gegräff hunn a wou nogebessert muss ginn.

Wéi déi sanitär an och déi wirtschaftlech Situatioun an e puer Méint ausgesäit, ass schweier virauszesoen. Eent ass awer sécher: Och da wäert et nach ëmmer wichteg sinn, dass Lëtzebuerg eng Dier an d'Welt huet.

Dëst gesot, soen ech Iech, léif Kolleegen, Merci fir d'Nolauschten. An dem Kolleeg Serge Wilmes géif ech e besonnesche Merci soen, dass hien dës Heure d'actualité op den Ordre du jour gesat huet.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Hahn. A fir déi nächst fënnf Minutten ass d'Riednerpult fräi fir déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Merci, Här President. Léif Kolleginnen, léif Kolleegen, kommt, mir sinn éierlech: Als Lëtzeburger si mer dach ganz houfreg op eis national Airline! Mir hunn als Land jo manner grouss national Symboler, déi eis no bausen identifizéieren ewéi eis Nopeschlänner, mee d'Luxair ass sécherlech eent dovunner. Grad wéi d'Cargolux dréit si den Numm vun eisem Land op hire Filieken an d'Welt eraus.

Och wann d'Luxair elo net bis op déi ganz aner Säit vum Globus flitt, ass si awer dat Mëttel, wat eis mam Ausland verbënnt. Wéi de Lockdown 2020 no an no a

ganz Europa ausgeruff ginn ass, ware mer ganz frou, dass d'Luxair séier konnt 4.334 Leit tëschent dem 14. an dem 23. Mäerz rapatriéieren. Déi meescht vun hinne waren zu deem Ablack a Spuenien, wéi et am Rapport d'activité vun der Gesellschaft fir 2020 nozelesen ass.

D'Luxair huet natierlech och eng grouss ekonomesch Bedeitung fir eist Land. Sou huet si 2019 no bei 2,15 Milliounen Passagéier transportéiert, Charterfluch matbegraff. 2020 krut se, wéi aner Fluchgesellschaften och, d'Pandemie natierlech voll a ganz ze spieren. Sou waren dat lescht Joer 69 % manner Passagéier - dat si 658.900 Leit - a Luxair-Maschinen oder awer Charterfluch ënnerwee. Am Abrëll 2020 war et keen een!

Ech wëll drun erënneren, dass et nach am Oktober 2020 geheescht huet, dass 600 Plaze bei der Luxair géifen ofgebaut ginn. An hei ass dann och en décke Luef un eis Regierung néideg. Well zesumme mat de Gewerkschaften an der Direktioun vun der Luxair hu si et fäerdegbruecht, dës Zuel erofzeschrauwen. Mee virun allem hu si et fäerdegbruecht, dass keen an deem Zesummenhang sollt entlooss ginn. Dëst engersäits doduerch, dass e groussen Deel dovunner konnt an d'Prereträite goen, an anerersäits, well aus enger Nout och eng Dugend gemaach ginn ass, wéi d'Leit vun der Luxair an de Ministère an an den öffentliche Servicer agesat gi sinn. An am September ass jo nach an der Press kommunizéiert ginn, dass 69 Persounen vun der Luxair vum Staat iwwerholl goufen.

Dat kann elo alles als selbstverständlech ugesi ginn, dass kee säin Job verluer huet. Mee dat ass awer bei-leiwen net gewéinlech, wéi och e Bléck ganz kuerz bis an d'Ausland weist. An nach eng Kéier ënnersträicht dat, wéi wichteg et ass, dass de Staat d'Soe bei der Luxair behält.

Mee och d'Luxair wäert elo net derlaanscht kommen, sech nei ze erfannen. Der Luxair hire Geschäftsmodell huet bis elo, wat d'Destinatiounen ubelaangt, op zwee Piliere gefouss, engersäits dem Tourismus an anerersäits awer och dem Fluch fir d'Businessleit. Den Tourismus, do wësse mer net, wéi et sech entwéckele wäert. A bei de Businessleit, do kommen och aner Modeller. Och do goufe Videokonferenzen an Teletravail an den Alldag matagebaut, wat natierlech och eng direkt Repercussioun op den Transport huet.

D'Cargolux: Wann d'Situatioun fir d'Luxair aktuell schwierig ass, dann ass dat fir d'Cargolux de Contraire. Do gëtt vill transportéiert, an d'Pandemie huet hinnen natierlech och zougespillt. E kleng Beispill, wat rezent ass, sinn d'Problemer fir den Transport vu Giddercontainer op de Schëffer, déi de Moment aktuell sinn an déi mat ville Retarden a villen Häfen natierlech aktuell duerch Corona ausgebremst ginn, woufir da méi Transportgesellschaften ewéi soss de Wee duerch d'Loft sichen. An dat mécht dann och, dass d'Cargolux am Dauerasaz ass.

Normalerweis ass de Giddertransport eng zyklisch Aktivitéit mat verschiddenen Héichpunkten, wéi zum Beispill viru Chrëschttag oder virum chineseschen neie Joer. Hei hält den Héichpunkt awer schonns e bësse méi laang un. An do muss een d'Aarbecht vun deene Leit unerkennen, déi an deem Secteur aktiv sinn an déi elo säit Méint am Dauerasaz sinn, well iergendwéi suerge si och mat derfir, dass bei eis d'Rayonen an de Supermarchéen net eidel ginn.

Dann nach just zum Ofschloss e puer Wuert zum Flughafen: Hei wollt ech virun allem ervirsträichen, dass d'Kris gewisen huet, wéi eng Roll de Flughafen vun engem logistesche Point de vue fir eis spillt. Mir sinn nun emol e kleng Land ouni Zougang zu engem Mier, an esou ass de Findel eis Entréesdier fir an déi grouss



Welt. De Findel ass deemno net nëmmen déi Plaz, wou vill Leit d'Rees an d'Vakanz ufänken, mee et ass fir Lëtzebuerg eng essenziell Infrastruktur vu strategescher Bedeitung. An dat net nëmme fir Lëtzebuerg, mee och doriwwer eraus fir eis Nopeschlänner. An duerfir ass et wichteg, dass d'ëffentlech Hand eis Struktur weider ënnerstëtzt an d'Hand drop behält, wéi zum Beispill mat enger Gesellschaft wéi lux-Airport.

D'Trompkaarte vum Flughafen vu Lëtzebuerg si Kontinuitéit a Stabilitéit. An dat, änlech wéi bei der Luxair, ass och, well de Staat hei finanziell engagéiert ass an net alles dem private Marché iwwerlooss huet, an dat soll och esou bleiwen. Spéitstens d'Pandemie huet eis et elo virun Ae gehalen. Si si wichteg fir eis an, wéi gesot, dat solle mer net vergiessen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hemmen. An ech ginn eng zweiteschte Kéier d'Wuert weider un den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

**M. Carlo Back** (déi gréng) | Villmools merci, Här President, fir déi léif Wieder. Jo, ech wollt fir d'éischt dem Serge Wilmes Merci soe fir déi Debatt hei, fir déi Heure d'actualité zu engem Thema, dat eis wierklech all betrëfft. Ech mengen, et ass keen heibannen, deen nach ni an engem Fliger souz. Also, et ass schonn e Secteur, dee fir eis allegueren hei am Land ganz weesentlech ass, a meng Virriedner hunn dat en détail och gesot.

Mee de Secteur vun der ziviller Aviatioun huet an der Covidpandemie seng gréisste Kris bis elo gehat. An d'Luxair ass och déi Firma, déi wierklech dovun beträff ass. Den Defi, d'Erausfuhrerung ass, elo Weeër ze fannen, wéi mir aus dëser schwieriger Situatioun kënnen eng Opportunitéit maachen, fir de Secteur vun der Aviatioun nei opzestellen. Well och hei gëtt et e Klimazil: Null CO<sub>2</sub>-Emissioun bis 2050! Dat heescht, et geet elo drëms ze kucken, fir kënnen esou séier wéi méiglech CO<sub>2</sub>-fräi ze fléien.

D'Fro, déi mir eis musse stellen, ass deemno: Wat musse mir haut maachen, fir muer nach kënnen ze fléien? Wéi eng Orientatioun fir den Aviatiounssektor, déi kompatibel ass mat enger maximaler Temperaturerhéijung vu manner wéi 1,5 °C? Wéi soll dës Trajectoire vum Fluchsektor, Persounen- a Giddertransport inclus, ausgesinn iwwert déi nächst 30 Joer?

Ech wëll hei besonnesch op zwee Themaen agoen. Dat Éischt ass: Wat fir eng Zukunft fir de Flughafen hei zu Lëtzebuerg? E Flughafen ass déi eenzeg Infrastruktur, op déi d'Fligerei u sech muss zréckgräifen. Viru Kuerzem huet d'Direktioun vum Bréisseler Flughafen e Pilotprojet ënnert dem Numm Stargate virgestallt, deen de Bréisseler Flughafen soll nohalte, a méi gréng gestalten. Dëse Projet krut och 25 Milliounen Euro Hëllef vun der Europäescher Unioun am Kader vum EU Green Deal.

De Projet besteet aus 30 Aktiounen. Zum Beispill soll dëse Flughafen net nëmme selwer méi gréng ginn, mee virun allem och d'Fligerei iwwert de Wolleken dekarboniséieren. Dofir soll deemnächst eng Mëschung aus Biocarburanten a Kerosin ugebuede ginn. Eng Verbesserung vun der Ubannung un den ëffentlechen Transport ass och an dësem Projet virgesinn. An do ass da meng éischt Fro: Wat fir Pläng bestinn an dësem Gebitt, fir de Flughafen hei vu Lëtzebuerg, de Findel, nach méi nohalte ze gestalten? An an deem Kontext begrëisse mir zum Beispill och d'Ubannung vun eisem nationale Flughafen un den Tram.

De Moment gëtt och d'Fluchpist vum Findel vun der Firma lux-Airport, déi de Flughafen bedreift, erneiert. De Finanzement vun dëser Erneuerung, déi ronn 150 Milliounen kascht, ass duerch EU-Legislatioun net mat ëffentleche Gelder méiglech. Wéi gesäit de Finanzement vun dësem Projet aus a wéi kommen d'Aarbechte weider?

Des Weideren hat d'Chamber am Februar 2019 der Regierung den Accord ginn, fir de Projet vun engem zweete Kontrolltuerm weiderzedreien. Wéi ass do den aktuelle Stand?

An da wëll ech nach eng Kéier zum Schluss op den Ëmweltaspekt zréckkomme mat der Fro: Wéi kënnen Brennstoffe, déi an der Fligerei gebraucht ginn, dekarboniséiert ginn?

Den Aviatiounssektor, dee Kerosin als karboniséierte Brennstoff benotzt, mécht ongeféier weltwäit 3,5 % bis 5 % vun den CO<sub>2</sub>-Emissiounen aus, Tendenz steigend, zumindest viru Corona.

Engersäits muss et eis an der Zukunft drëms goen, onnéideg Fligerdeplacementer ze vermeiden, dat Thema ass och hei ugeschwat ginn. Doriwwer eraus brauche mir dann awer och propper Léisunge fir all déi aner Fluchbeweegungen zu Lëtzebuerg, an Europa an och global op der ganzer Welt.

Eng Méiglechkeet, fir esou e Brennstoff quasi klimaneutral ze produzéieren, wier d'Power-to-liquid-Verfahren, wou op Basis vu Stroom, enger cheemescher Basissubstanz wéi Waasserstoff an och CO<sub>2</sub> e synthetesch Spritt hiergestallt gëtt. Wichteg ass hei awer, drop ze pochen, dass dat nëmme Sënn mécht, wann esou Synfuels och wierklech CO<sub>2</sub>-neutral sinn a se och nohalte hiergestallt ginn.

D'Cargolux huet annoncéiert, dass si sech géif un esou engem Projet vu Produktioun vu syntheteschem Fuel bedeelegen. Hunn eis zwou Loftfaartgesellschaften sech eng Trajectoire ginn um Wee zur Dekarboniséierung? Dat ass eng allgemeng Fro. Déi gëllt sougutt fir d'Luxair wéi fir d'Cargolux. Kann de Minister eis do méi Informatiounen zu dësem Thema ginn?

Dann eng Fro zu den Taxen: Kënnen Taxen derzou bäidroen, fir dësen Transportsektor a senger Trajectoire vun der Dekarbonisatioun ze ënnerstëtzen?

Déi international Loftfaartkonventioun aus dem Joer 1944 verbitt eng Taxatioun vum Kerosin op internationale Flich. Dëst war geduecht, fir d'international Fligerei ze ënnerstëtzen an dass se sech och kéint fräi entwéckelen. Déi war dee Moment, an där Zäit, nach an de Kannerschong. Dat ass awer haut net méi de Fall. Et gëtt eng Initiativ aus dem Joer 2020 vun der Benelux, fir esou eng Kerosinntax, zumindest fir Flich an Europa, anzeféieren. Wou stinn déi Diskussiounen an der EU iwwert dës Propositioun?

Esou eng Kerosinntax mécht awer nëmme Sënn, wann déi och géif um Niveau mondial stufeweis agefouert ginn. Déi international Konventioun vun 1944 misst dann och op de Leescht geholl ginn. An dann d'Fro: Gëtt et hei och eng Initiativ an dës Richtung?

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Back. An da wier et elo um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, erlaabt mer fir unzefänken, dem Här Serge Wilmes Merci ze soe fir dës Aktualitéitsstonn.

Mee erlaabt mer awer vläicht, e puer Wuert zum Historique vum Findel ze soen. De Findel ass eng Lëtzeburger Erfollegsgeschicht mat Traditioun. De 24. Februar 1937 gouf hei an der Chamber d'Gesetz iwwert de Bau vum Flughafen an d'Loftfaartsreglementatioun gestëmmt.

De 14. Abrëll 1945 gouf de Findel kuerzäiteg zu engem Symbol vun der Befreiung, wéi eis Grande-Duchesse Charlotte no Joren am Exil bei hirem Retour sécher um Findel lande konnt.

Déi éischt regulär Fluchlinn nom Krich gong da vu Lëtzebuerg op Bréissel. Séier koume Verbindungen op Paräis, London, Athen a säit de 60er-Jore souguer op New York, Tel Aviv a Johannesburg derbäi.

Och am Gidderfluchtransport sollt déi Lëtzeburger Loftfaart sech séier als Erfollegsgeschicht erweisen. 1970 hat d'Luxair zesumme mat der haiteger Icelandair d'Cargolux gegrënnt. Zu hiren éischte reegelméisseg Destinationen hat Hongkong gehéiert. Ab 1979 huet d'Cargolux mat der Erweiderung vun hirer Flott ëm de Jumbo Boeing 747-200 op internationalem Spëtzenniveau operéiert.

Och während de Joren 1990 bis an d'2000er-Joren era konnt d'Cargolux permanent hire Marché ausbauen. 2009 blouf och d'Cargolux vun der weltwäiter Wirtschaftskris net verschount, mee den Abroch konnt Joren drop nees agefaange ginn.

Fir d'Lëtzeburger Economie ass de Findel haut vu grousser Wichtigkeet, och weinst den Aarbechtsplazen, déi dorunner hänken, awer net nëmmen. Duerfir ass et wichteg, fir dëse virun ze entwéckelen an dass en och kompetitiv bleift. Kleng Strecke solle bäibehale ginn. Wichteg ass dat fir d'Konnexioun duerch d'ganz Welt. Mir begrëssen dann och, dass den Här Minister Bausch a senger Äntwert op eis parlamentaresch Fro sech bekannt huet zu dëse wichtege Fluchlinnen.

An da muss en och modern gehale ginn an international ugebonne ginn. A wat wichteg ass, dass, de Sécherheetsstandard bäizebhalen, och speziell aus internationaler Vue. Och soll de Kaméidi - mee ech denken, dass d'Technik mat de Joren eis do Méiglechkeete gëtt - net vergiess ginn.

De Findel huet sech och bewäert a bestätegt an den haitege Covidzäiten, wann och nëmmen deelweis. Betrëfft Gidderfluchverkéier: Iwwert de Findel konnt mer zu Lëtzebuerg séier an effizient international Ausrüstungsgidder wéi Masken an e Spidolszelt aus Italie bezéien. De CargoCenter vum Findel verfuegt ausserdeem iwwer ganz grouss Killcapacitéite fir e sécheren Transport vu sensiblen Wuere wéi zum Beispill Liewensmittelen, awer och Medikamenter an Impfstoffer.

Besonnesch während der Covidkris konnten hei och vill benéidegt Medikamenter beweegt a gelagert ginn. Während der Covidkris an den entspreche Grenchsléissunge fir d'Leit huet sech de Wäert vum Findel als eis eegen national Loftbréck an de Rescht vun der Welt bewisen. Mir dierfen dës wichteg Liewensoder net duerch eng falsch, klimapolitesch motivéiert Iwwerbesteuerung agrenzen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Nach e puer Wuert zum Persounfluchverkéier: Am Fréijoer 2020 ass den internationale Persounfluchverkéier bannent e puer Deeg duerch d'Pandemie zesummegebrach. Dës international Kris huet sech natierlech staark op de Bilan vun der Luxair ausgewierkt, a vill Leit hunn och do hir Aarbechtsplaz verluer - och wa si deels duerch aner sozial Begleetmoosname konnten opgefaange ginn oder erfreescherweis op anere Plazen ënnerdaach koumen.



Mëttlerweil kënnen d'Leit haut nees begrenzt reesen, allerdéngs mat Zousazkäscht vum CovidCheck. Besonnesch d'PCR-Tester gi fir vill Leit zu enger finanzieller Zousazbelaaschtung, wat riskéiert, sech negativ op d'Ziele vun de Fluchgesellschaften auszuwirken.

D'ADR hat an enger Pressematdeelung vum 26. Mäerz 2021 d'Ofschafung vun de gratis PCR-Tester fir ze reese ganz staark bedauert a spéider och festgestallt, datt déi nämmelech Tester an anere Länner vill manner kaschten. Hei géife mer eis nawell en Iwwerhuele vun de Käschten duerch déi effentlech Hand wënschen. An dat géife mer och ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech soen dem Här Engelen Merci a ginn d'Wuert weider un déi honorable Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, dee ganze Fluchsektor, wann een iwwert d'Persounlech schwätzt, huet immens gelidden ënnert der Pandemie. Eng Hellewull Fluch hu mussen gecancelet ginn, well d'Leit weider an d'Vakanz nach fir geschäftlech Zwecker geflu sinn. Dëst huet eng enorm ekonomesch Perte fir déi national Fluchgesellschaft bedeit, an natierlech och fir d'Flughafengesellschaft.

Mee natierlech huet et an éischter Linn déi Leit getraff, déi fir d'Luxair oder um Flughafen schaffen. Ganz vill Salariéen hu mussen an de Chômage partiel goen. An dat war an ass nach ëmmer net evident.

Am schwierigsten ass d'Situatioun natierlech fir all déi Mataarbechter an de manner gutt bezuelte Berufler um Flughafen. Zum Beispill an der Gepäckoffäerdegung, dem Entretien oder dem Catering. Ganz vill Leit sinn hei an de Chômage partiel gesat ginn, mat empfindlechen Aboussen an der Pai oder, nach schlimmer, se si ganz entlooss ginn.

Wa mer iwwert d'Situatioun vum Flughafen schwätzen, sinn eis éischt Gedanken natierlech bei deene Leit. Mee och d'Piloten an d'Stewardessen hu mussen Sacrificë maachen. Well dëse Sektour esou kleng ass bei eis am Land, hunn déi Leit keng richteg Lobby, déi sech fir si setzt. Se ginn zwar gewerkschaftlech vertrueden, awer nëmme marginal, a mussen ganz oft kucken, aleng mat hire Probleemer eens ze ginn.

Piloten an Stewardessen schaffen 173 Stonnen am Mount. Am Chômage partiel oder am Prêt temporaire ginn hir Aarbechtszäiten awer anescht berechent. Soudatt hir Paien ofhuelen a vu Mount zu Mount variéieren - an zwar staark variéieren. Dee Fall ass nämmelech net am Kollektivvertrag gereegelt. Och d'Limitatiounen vun de Fluchstonden ginn am Chômage partiel deelweis ausgehiewelt, soudatt a manner Deeg vill méi geflu ka ginn, an dat fir manner an der Pai. Wat jo immens Virdeeler fir de Betrib huet, awer zum Nodeel vun de Salariéen ass.

Et ass och esou, datt bis ewell den Index beim Chômage partiel nach ëmmer net derbäigerechert ginn ass. De Problem an dësem Sektour ass, datt si keen eegene Statut hunn. Si ginn zum Beispill net behandelt wéi Schichtarbechter, obscho si an enger gewëssener Form awer Schichten schaffen.

Här President, déi Schwierigkeeten an der Aviatioun, déi duerch d'Pandemie entstane sinn, si méiglecherweis awer just e Virgeschmack op dat, wat nach wäert kommen. Soulaang wéi et hei keng gréisser technologesch Fortschrëtt bei de Fligere gëtt, wäert d'Aviatioun a Kontradiktioun stoe mam Klimaschutz.

An dat bréngt eng ganz Rei Froen mat sech, deene mir eis einfach eng Kéier stelle mussen.

Natierlech mussen mir wéinst dem Klimawandel d'Fluch onbedéngt reduzéieren. Dat schéngt ons evident. Allerdéngs muss ee ganz gutt oppassen, datt dat net mat Strofschreiden op eng sozial selektiv Manéier geschitt. Well da wäerten déi Famillje mat den héije Revenu weiderhin op d'Malediven an d'Vakanz fléien, während déi sozial schwach Famillje schrëttweis vum Fliger ausgeschloss sinn an dann net méi op de Cap-Vert bei hir Famillje kommen. Dat wier eng Klimapolitik, déi an eisen Aen immens kontraproduktiv wier.

Sou oder sou mussen mer eis awer dorobber astellen, datt de Sektour vun der Aviatioun, an domadder och de Flughafen, wäert an Zukunft weider ënner Drock geroen. An do stellt sech an eisen Aen d'Fro vun der Émorientéierung.

Wier et net un der Zäit, elo mat de Leit vum Terrain an de Sozialpartner aus der Aviatioun zesummen ze kucken, wat mir maache kënnen, fir Leit ëmzeschoulen, fir se ëmzeorientéieren an aner Berufler. An anere Länner si Piloten, fir elo just dee Berufsstand ze nennen, scho méi laang amgaangen, sech ëmzeorientéieren. Dat ass souguer eng Demande, déi vun hinne selwer ausgaangen ass, well se souwiesou net méi esou zefridde sinn an hirem Beruff oder well se sech der Gravitéit vun der Situatioun bewosst sinn, an datt et net méi esou weider ka goen.

Wier et dann net endlech un der Zäit, och hei bei eis dee Wee anzeschloen a ganz konkret no Léisungen ze sichen? Mir mussen mat alle Mëttele verhënneren, datt den Ëmweltschutz géint sozial Consideratiounen ausgespillt gëtt. Mir mussen zesummen no Léisungen sichen, wéi mir sozial Gerechtegkeet a Klimaschutz ënner een Hutt kréien. Bei der Aviatioun besteet do eiser Meenung no nach ganz vill Diskussiounsbedarf, well och an dësem Sektour ass manner fir d'Zukunft méi.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorable Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also, haut huet den Ordre du jour et jo eigentlech a sech. Wann dat eng Wo wär, wär et eng komesch Wo. Op där enger Säit hu mer virdrun iwwert d'Naturschutzgesetz geschwat, a jiddereen huet den Naturschutz héich gelueft hei a wat een alles muss maachen. An duerno schwätze mer iwwert d'Aviatioun, déi eigentlech, egal wéi een et herno dréit, genau de Contraire ass vun deem Naturschutz, dee mer awer eigentlech wëllten.

Eis national Fluchgesellschaft, d'Luxair, ass gutt duerch déi Kris komm. Kuckt een am Verglach mat aneren europäesche Fluchgesellschaften, da sinn et sécherlech déi indirekt Hëllef vum Staat, déi, sief et iwwert d'Personal oder anere Méiglechkeeten, gefloss sinn, déi d'Gesellschaft awer zimmlech stabiliséiert hunn. An och mir Piraten hoffen natierlech, dass et weider e stabil Ëmfeld wäert ginn. An och mir géifen dem Minister eisen Zousproch zouschwätzen, wann et drëm geet, fir d'Luxair weiderhin an deem Punkt ze stäerken, iwwer esou Moossnamen.

Ech muss awer och e bëssen iwwert d'Ëmwelt schwätzen. Do ass zum Beispill e Problem vun der Transparenz. Mir hate virun engem Joer, mengen ech, eng Motioun hei bruecht, déi och iwwerraschenderweis mat enger grousser Majoritéit gestëmmt ginn ass, dass op den Ticketen, zum Beispill ganz aus

Transparenzgrënn - dat kann ee jo nach ëmmer entscheeden -, den CO<sub>2</sub> soll stoen, wann een esou en Ticket bucht oder esou en Ticket ausgehändegt kritt.

Déi Motioun, déi zwar hei ugeholl ginn ass vun enger grousser Majoritéit an der Chamber, gouf awer leider nach net ëmgesat. Dofir wollt ech dann haut e kleng Rappel un de Minister schécken, dat ze maachen. Ech hunn och elo um Internet erausgesicht: Et ass eng grouss Reesagence, déi mécht dat zum Beispill fräiwëlleg weltwäit. Do géif dann dropstoen - ech hunn de Moien einfach den Test gemaach - Lëtzebuerg-Palma: 141 Kilogramm CO<sub>2</sub>. Méi war an där Motioun eigentlech guer net gefrot, dass een déi Transparenz hätt, dass ee genau gesäit, wat an der Ëmwelt bewierkt gëtt an et och fairerweis herno kompenséiere kann.

Ech bieden de Minister, fir déi Motioun awer nach eng Kéier matzehuelen an de Ministère, dass déi awer kéint schnell ëmgesat ginn. Well, wéi gesot, et ass just en Affichage vun deenen eenzelnen CO<sub>2</sub>-Wäerten.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Wat mir Piraten och net gäre gesinn, dat ass - bon, ech hunn dat och schonn e puermol gesot - Qatar Airways Cargo, dass déi de Seventh Freedom zu Lëtzebuerg huet, dat heescht, deementspriedend eiser Cargolux staark Konkurrenz mécht, mat engem ganz anere soziale Modell wéi eis Cargolux do operéiert. Ech weess, dat kënnt aus der Geschicht, wéi Qatar Airways bei Cargolux dra war. Et gouf awer duerno ni zréckgeholl.

Just fir et kuerz ze erklären: Qatar Airways huet hei speziell Rechter, déi nëmme Qatar Airways huet, fir vu Lëtzebuerg weider an anere Länner an nach eng Kéier weiderzefléien. Wat mécht, dass si hei immens aktiv sinn, a si eeben eiser nationaler Frachtgesellschaft deementspriedend Konkurrenz maachen. Dir wësst et allegueren, iwwert d'EM, an iwwer aner Theemen elo - FC-Bayern-Fans wëssen et och -: Qatar huet net déi selwecht sozial Standarde wéi mir. Mee d'Regierung erlaabt Qatar Airways nach ëmmer, fir hei méi grouss ze operéieren an deementspriedend eiser nationaler Fluchgesellschaft do Konkurrenz ze maachen.

Dat selwecht ass ... Ech hat et virun engem Joer ..., mee ech mengen, mir hunn déi Diskussioun mat de Fligere quasi all Joer. Nach eng Kéier Merci, dem Här Wilmes, dass e se allkéiers ufreet. Et gouf och elo schonn e puermol dat hei ugedeit mat de kuerze Verbindungen. Mir Piraten sinn nach ëmmer derfir, dass zum Beispill Lëtzebuerg-Paräis ganz einfach misst ofgeschafft gi mam Fliger, dass een den Check-in op der Gare hätt an dann einfach um Paris-Charles de Gaulle mam TGV géifen erausklammen, an dann hätt dat sech. Den TGV ass dofir optimal.

Mat de Moossnamen: Ech si wierklech erfreet, elo gelies ze hunn, dass d'Luxair och an enger däitscher Zeitung elo bekannt ginn huet, dass se no neie Fligere kuckt. Ech hat dem Minister virun engem Joer eng Question parlementaire gestallt mat genau deem Fligertyp, mam A220, deen der Luxair ganz gutt géif passen an deen de Virdeel hätt: e géif iwwer 20 % Kerosin spueren op deene selwechte Strecken.

Mir Piraten sinn eeben der Meenung, dass och d'Regierung hir Verantwortung do muss iwwerhuelen an, jo, wann elo méi Kapital erfuorderlech ass, awer ganz schnell déi Flottenerneuerung soll virunzedreiwen. Well d'Luxair huet et elo ugedeit: Si sinn oppe fir en A220, et kann och eng Embrae 190 oder 195 herno ginn. Mee d'Haaptsaach ass: Se flitt méi spuersam wéi aktuell déi 737 Next Generation, déi se nach hunn, déi net onbedéngt virdeelhaft sinn an hirem



Kerosinn-Verbrauch. Do géife mir Piraten eis wünsch, dass d'Regierung aktiv derhanner bleibt, dass dat och wäert de Fall sinn.

Dann aus Éisträich ass bekannt: de Mindestpräis fir Low-cost-Airlines. Eis Piraten - mir ginn dat och éierlech zou - gefält de Geschäftsmodell vun de Low-cost-Airlines net. Do si Low-cost-Airlines, déi fléien nach ënnert de Präisser, déi se iwwerhaupt verrechent kréie vum Flughafen. Dat sinn nach esou Tickete fir 9 Euro, 19 Euro. Dat gefält eis net. A mir soen och ganz einfach: Do ginn déi sozial Standarden och net agehalen.

Dass Lëtzebuerg - an dat ass eng Fro un de Minister - vläicht op de Wee geet wéi Éisträich ... Éisträich huet - ech mengen, et sinn 39 Euro oder 30 Euro - elo mam Mindestpräis a se wellen dat da lues a lues an d'Luucht setzen, fir eeben och ... Jo, et ass e bëssen e Schutz och fir hir national Fluchgesellschaft, d'Autrian Airlines. Mee et ass awer, well de Geschäftsmodell vun de Low-costen zimmlech kritesch ass - fir et elo hei brav auszedrücken -: wéi Lëtzebuerg dann do steet fir esou ee Mindestpräis op den Ticketen, eebe fir den Ëmweltschutz an op där anerer Säit de soziale Schutz.

Dann nach zum leschte Punkt: Wa mer, wéi et e puermol ugedeit ginn ass, eng „Dier an d'Welt“ hunn, da musse mer awer och kucken, virun allem d'Regierung kucken, dass déi „Dier“ och ëmmer opbleift. Mir hate während ville Méint eng Fluchbunn, eng Landebunn, déi leider net esou ekipéiert war, wéi se misst. Ech schwätzen do vum ILS. Dat ass de Landesystem, deen iwwer eng länger Zäit just op enger Kategorie I gaangen ass, an net op enger Kategorie III, wéi et herno misst sinn.

Am Moment si mer nach nëmmen op enger Kategorie III B, an net op enger III C, wat géif erlaben ... Dir hutt et elo e puermol matkritt: Et si Fligeren ëmgeleet ginn, wéi Niwwel war. Eise ILS-System ass nach ëmmer net op der héchster Kategorie, déi méiglech ass. Huele mer Bréissel, Paräis Frankfurt - déi hunn dat. Lëtzebuerg huet dat nach net. Wa mer déi „Dier an d'Welt“ wellen ophalen, wéi dat hei uegklongen ass, da musse mer d'Infrastruktur awer och esou ekipéieren, dass déi beschtméiglechste Sécherheet méiglech ass op eiser Fluchpist.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Vizepremier a Mobilitéitsminister, den Här François Bausch.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President, an och merci, dem Här Wilmes fir seng Heure d'actualité, an allen Deputéierte fir hir Bäitrag. Ech probéieren, an deene 15 Minutten - et ass e vaste Sujet - dat iergendwéi hinzekréien, fir, éischtens, op d'Froen all ze äntwerten an awer och eng Rei allgemeng Saachen ze soen, wéi d'Regierung de Flughafen an d'Aviatioun an och d'Airlinë gesäit.

Ech wëll vläicht ufänke mat deem Sujet, dee jo d'Leit schéngt am Moment immens ze passionéieren. Dat ass de Stellwäert vun der Aviatioun en général, a virun allem natierlech och de Stellwäert vun der Aviatioun am Zesammenhang mat der Problematik vum Klima, CO<sub>2</sub> oder Ëmwelt en général.

Ech wëll Iech soen, dass ech perséinlech, an och meng Fraktioun, der Meenung sinn, meng Partei, dass d'Mënsche gëschter geflu sinn, dass se haut fléien an dass se och nach muer wäerte fléien, an dass ech e

Problem hu mat där Moralisierung vun deem Ganzen. Ech hu souwisou e Problem perséinlech. Ech fannen, dat bréngt eis net schrecklech vill weider, weeder am Ëmweltberäich nach an aneren, wa mer mat just moraleschen esou Zeigefingerargumenter do ronderëmlafen ...

**Une voix** | Très bien!

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | ... an diskutéieren.

Ech perséinlech sinn der Meenung, dass d'Aviatioun en Deel vun der Mobilitétsketten ass an och bleiwe wäert an och muss bleiwen. An do gëtt et ganz gutt Grënn derfir. E puer sinn der opgezielt ginn. Et gëtt der awer nach vill méi.

Wann ech dat awer soen, da mengen ech net, dass d'Aviatioun weider esou ka fonctionéieren, wéi se haut fonctionéiert. Dat ass eng grouss Differenz! Ech wëll och drop hiweisen, dass am Fong geholl dee gréisste Problem, wa mer elo den CO<sub>2</sub>-Fousofdruck kucke vun der Aviatioun, deen ass, dass déi Fligere mat engem Undriffsysteem fléien, dee de Kerosinn benotzt, par conter, wann ech déi generell Infrastruktur kucke vun der Aviatioun, do de Fousofdruck vill méi kleng ass wéi bei allen anere Mobilitétsmëttelen.

Wann de Fliger bis an der Luucht ass, brauch e keng Infrastruktur méi - wëll ech hei drop hiweisen. Et gëtt zwar och ëmmer méi e Problem vu Cogestionnement am Himmel, mee ech kommen nach dorobber ze schwätzen. An dofir ass et och aus villaartege Grënn sënnavoll, dass mer net alles mam Fliger maachen. Mee de Prinzip ass, dass wa mer den Undriffsysteem eng Kéier geännert kréien a mir fléie mat engem Undriffsysteem deen CO<sub>2</sub>-neutral ass, dann hu mer de groussen Deel an der Aviatioun geléist.

Da stellt sech natierlech och d'Fro: „Wéi notze mer de Fliger?“ Wéi mer dat bei der ganzer Mobilitétskette kucken. Ech soen och ëmmer: Ech sinn net géint den Auto. Ech soen ëmmer: Den Auto muss just do agesat ginn, wou et Sënn mécht, an net do, wou et kee Sënn mécht. D'nämmlecht ass et mam Fliger. Et ass och mam Vëlo esou. Ech soe jo och net engem: „Fuer mam Vëlo an d'Vereenegt Staaten, fir eng Rees ze maachen.“ Dat gëtt kee Sënn, well e kënnt net mam Vëlo dohinner.

Dat heescht: Et muss een de Fliger asetzen do, wou et Sënn mécht. Wou mécht e Sënn? Majo, ech hunn et schonn elo grad gesot: Dat ass natierlech am Interkontinentalen. Dat schéngt mer evident ze sinn.

E mécht och Sënn als Zoubrenger zum Interkontinentalen. An ech wëll Iech soen, Här Goergen: Dat sinn déi éischt Fligeren, wou de Problem vum Undriffsysteem wäert geléist ginn, well Elektrofligeren eng Kéier anzesetzen, déi Strecke fléie vun e puer Honnert Kilometer, dat ass net schrecklech komplizéiert. Déi wäerte relativ séier kommen. Allerdéngs sinn ech net der Meenung, wann dat kënnt, well dat ass dann erëm eng Kéier eng aner Gefor, dass et doduerch Sënn géif maachen, fir Point-to-Point ze fléien innerhalb vun Europa mat engem Elektrofliger, wann do den Zuch vill méi séier ass a vill besser ass. Dat ass eng aner Diskussioun. Mee als Zoubrenger op den interkontinentalen Trafick, do kann een driwwer diskutéieren.

D'Fro stellt sech also, wéi mer fléien, mat wat mer fléien, firwat mer de Fliger asetzen. Dat sinn déi Froen, déi mer musse beäntweren.

An den Undriffsysteem ass dee komplizéiertsten. Do wäerte Léisunge kommen, fir aner Undriffsysteem, mee dat dauert! Déi kréie mer net muer. Dat wäert net si wéi beim Elektroauto, dass mer haut schonn eppes zur Verfügung hunn. Dat wäert nach eng Zäit

dauern. Dat wäert 15, 20, 25 Joer daueren. Dat wësse mer nach net ganz genau haut.

Ech kann Iech awer soen, dass Airbus amgaangen ass, schonn eng Rei Saachen ze entwéckele vu Fligeren, déi wäerten och 2035 - dorëmmer - erauskommen. Dat sinn awer nach éischter Fligeren, déi mer net kennen notze fir Interkontinental. Mee et gëtt jo de Moment gefuerscht un deenen Undriffsysteem, déi wäerte kommen.

Also hu mer eng laang Transitionunphas, déi mer brauchen, fir dat Ganzt ze iwwerbrécken, wou mer awer och mussen CO<sub>2</sub>-neutral fléien. An do sinn déi E-Fuels a syntheetesch Kraaftstoff ganz sécher e ganz groussen Deel vun der Léisung.

An da soen ech och gradesou, dass et totalen Nonsens ass ze mengen, et misst een E-Fuels och asetzen zum Beispill herno fir den Auto. Et gëtt der jo, déi dreemen nach ëmmer: „Mir kënnen de Verbrennungsmotor rette beim Auto, well elo kommen E-Fuels an da setze mer déi do an.“ Dat geet net! Well där E-Fuels, wa mer wellen an der Aviatioun déi Transitionunphas iwwerbrécken, da wäerten déi integral benotzt ginn an der Aviatioun. Well mir mussen déi jo emol produzéieren.

Dat geet haut, an et si schonn e puer Beispiller genannt gi vum Här Back, mee och vum Här Wilmes, dass een de Waasserstoff kann asetzen, déi ganz Technologie Power-to-liquid. Ech wëll Iech och direkt soen: Mir sinn amgaange mat Paul Wurth un engem Pilotprojet ze schaffen hei um Flughaf fir esou eng Anlag. Mir wellen och mat den Norweger zesummeschaffen. Firwat? Mee well an Norwege vill erneierbar Energië sinn - Wand, Waasserkraaft -, wou dat dann natierlech och CO<sub>2</sub>-neutral geet.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Mir mussen och driwwer diskutéieren kënnen, dass de syntheetesch Kraaftstoff, wann en zum Beispill dann an Norwege produzéiert gëtt, dann net mat Camionen heihinner gefouert gëtt. Dat wär onméiglech, well da versae mer eis dee ganzen CO<sub>2</sub>-Fousofdruck. Mee et gëtt Pipelinen, déi duerch Europa leien, zum Beispill eng NATO-Pipeline. Eise Flughaf gëtt zu 100 % de Moment mat Kerosinn bedéngt iwwer eng Pipeline! Et ass keen ee Camion, dee Kerosinn op de Flughaf féiert, well d'Pipeline 100 % fir dee ganze Beräich do dat Ganzt liwwert.

Also, do gëtt et Techniken, déi mer mussen asetzen. Do musse mer och investéieren. Dat wëlle mer maachen. Och d'Cargolux wëllt sech mat an déi Richtung engagéieren. Dofir, wéi gesot, sinn déi syntheetesch Kraaftstoff d'Iwwergangsléisung, ganz sécher.

A bei der Kerosinnsteuer geet et net nëmmen drëms, well mer de Kerosinn wëlle penaliséieren, mee et geet och drëms, fir Gerechtegkeet hierzestellen! Et ass net normal, dass an der Aviatioun zum Beispill keng Accise bezuelt ginn an dat an deenen aneren Transportberäicher geschitt.

Dat heescht, souguer wa mer d'Fro net méi hu vun dem CO<sub>2</sub>-Ofdruck, ass et awer wichteg, dass effektiv eng Steuer op dat, wat da benotzt gëtt, eebe fir de Fliger unzedreiwen, ob et elo e syntheetesch Fuel ass oder eppes anescht, dass do eng Steuer drop ass. Well dat ass jo soss Concurrence déloyale vu vir bis hanne par rapport zu allen anere Verkéiersmëttelen. Dofir hunn ech mech och vun Ufank un am EU-Conseil agesat, dass d'Europäesch Unioun, well dat geet nëmmen europäesch ... Et huet kee Wäert ze mengen, dass ee Land dat kéint eleng maachen. Dat kënne mer nëmmen europäesch zesummen decidéieren, soss bréngt et net schrecklech vill.



An natierlech musse mer och Zuchstrecken entwéckelen, fir datt mer dat kënne maachen, datt mer all déi Strecken, ech géif emol soen ... Perséinlech mengen ech, datt et iergendwann eng Kéier wäert méiglech sinn, wann een de Wëllen dozou huet an d'Infrastruktur queuesch an Europa gebaut gëtt, fir Strecke bis zu 600, 700 souguer 800 Kilometer problemlos alles mam Zuch ze maachen, vill méi bequiem wéi mam Fliger.

Well natierlech den Zuch beim Point-to-Point ... Meeschtens fiert een am Zentrum fort an et kënnt een am Zentrum un. Wann Der emol ausrechent, wann Der zum Beispill op Paräis flitt mam Fliger, wat dat en Opwand bedeit, fir dann ... well Dir wëllt net um Flughafen bleiwen - wéi gesot, ausser Dir sidd am Transit. Mee wann Der op Paräis wëllt, da musst Der dann erëm vun do an den Zentrum kommen. Eng Stonn virdrun, haut minimum souguer zwou Stonne virdrun, wou Der musst do sinn an esou weider. Dat ass alles ganz onbequiem eigentlech am Verhältnis zum Zuch.

Also, wéi gesot, et gëtt Léisungen. Déi sinn awer komplex. Se si komplizéiert, mee mir mussen déi ugoen. Mir wäerten dat maachen. Mir hu Projeten. Wann déi méi sprochräif sinn, wäert ech Iech déi och an d'Chamber virstelle kommen. Dat ass fir net méi esou ganz laang, mee mir hunn nach d'Detailer ze klären. Et ass och super, datt mer dat kënne an Zesummenaarbecht maache mat enger Lëtzebuerger Firma, déi sech an deem Beräich do staarkmécht. Dat fannen ech gutt.

Natierlech musse mer och kucken, europäesch do zesummenzeschaffen. Well dee ganze Synthetic Fuel, dat kënne mer net an engem Land, scho guer net eleng zu Lëtzebuerg, léisen, dee Problem. Do musse mer virun allem mat Länner zesummeschaffen, wou och d'erneierbar Energië staark sinn: Dänemark, Norwegen, an deem heite Fall, zum Beispill. Dat si mer och amgaangen ze maachen. An, wéi gesot, d'Cargolux wëllt do och, souwäit meng Informatiounen sinn, ganz staark matmaachen, well d'Cargolux huet natierlech en Interêt ze kucken, hire Footprint ze reduzéieren.

Dat nämmleche trëfft zou fir d'Infrastruktur Flughafen. lux-Airport ass jo eng privat Gesellschaft, déi 100 % dem Staat gehéiert. Do hu mer schon e Service agefouert, deem heescht esou „Environnement“ ... ech nennen en emol „Environnement-Service“. Et ass och eng spezifesch Persoun agestellt ginn an et gëtt dru geschafft, datt mer eise Flughafen och an d'Richtung dirigéieren, fir e Carbon Neutral Airport ze ginn. Et ass awer nach e Wee ze maachen, bis en dat ass. Also, dorunner schaffe méi Flughäfen an Europa an an der Welt. Mee dat ass awer machbar! Dat ass méi licht machbar, also méi séier och virun allem machbar wéi d'Fligere selwer. An do gëtt och dofir dorunner geschafft.

Dann natierlech zu der Situatioun mat Covid. Den Här Wilmes huet d'Zuelen zitëiert vun 2020. Ech hunn déi och elo hei vun 2021 bis den Oktober. Dat gesäit schon e bësse besser aus. Virun allem bei Luxair-Tours gesäit et fir d'Joer 2020 (veuillez lire: 2021) zum Beispill - wann ech elo d'Luxair eraushuelen - eigentlech gutt aus. Do si se do op en zimmlechen normalen Niveau komm.

Mee natierlech bei der normaler Airline gesäit et net esou gutt aus. Do ass nach ëmmer e Minus vu Passagéier, wann ech déi éischt zéng Méint kucken bis den Oktober. Ech hunn elo déi lescht Méint nach net, mee dat huet net vill geännert - et ass éischter nach schlechter ginn. Do hu mer erëm e Minus gehat 2021 vun 68 %. Also, de Business Aviation, dat geet de

Moment wierklech nach ëmmer guer net. Wéi gesot, glécklecherweis ass LuxairTours souguer ganz gutt gelaf schonn erëm eng Kéier 2021. Dat kompenséiert dat erëm e bëssen. Dat ass eng gutt Saach.

Bei der Cargolux ass natierlech ... Dir hutt d'Zuele vun 2020 genannt. Ech kann Iech soen: Déi ginn 2021 nach eng Kéier dépasséiert. Dat heescht, d'Cargolux hat 2019 scho virun der Pandemie e ganz gutt Joer. 2020 ass dat natierlech monster getoppt ginn duerch d'Situatioun, déi Der och beschriwwen hutt. 2021 gëtt dat nach eng Kéier getoppt. Bon, de Moment gesäit et och nach ëmmer ganz gutt aus, well mer jo nach ëmmer an där nämmlecher ... oder an enger änlecher Situatioun sinn. Dat ass natierlech e grouse Virdeel, well d'Cargolux doduerger natierlech eng Finanzreserv kritt - déi se och brauch! Well bei der Cargolux stelle sech jo déi nämmleche Fro wéi bei der Luxair, vum Re-fleeting an esou weider. An Dir wësst, wat dat fir Käschtepunkte sinn!

Zu de Gesellschafte selwer: Déi Fro, déi gestallt ginn ass mat de Fligere. Dat ass sou gutt beim Passagéier wéi beim Cargo - do ass et nach méi komplizéiert. Et ass net esou einfach de Moment, sech ze decidéieren, well et net vill Anbieter gëtt. Natierlech, deem Avion, deem den Här Goergen zitëiert huet, dat ass e ganz gudde Fliger, deem natierlech scho méi effizient ass. Et gëtt och nach Embraer, déi een ubidden, deem och net schlecht ass, mee ...

Et gëtt der eigentlech zwee de Moment, déi esou eppes ubidden. Dir wësst jo och, datt dat net evident ass. Do schwätze mer jo och vu Präisser, déi gefrot ginn an esou weider. Bon, an d'Schwieregkeet ass, datt de Moment gezéckt gëtt, fir an der Entwécklung elo ze decidéieren, eppes Neits nach zousätzlech ze bréngen, och vun aneren, well natierlech jiddweree matkritt, wat zu Glasgow decidéiert ginn ass, ënner wat fir engem Drock d'Aviatioun steet.

Dofir ass et de Moment esou schwiereg, eng Decisioun ze huelen. Well wann een haut e Fliger keeft, da keeft een deem normalerweis fir 20 bis 30 Joer. Et ass net wéi bei engem Auto. d'Amortisationszäit vun engem Fliger, déi ass ganz laang! Dat heescht, wann een elo decidéiert: „Ech kafen elo en neien“, dann huet een dee fir 20 Joer. A vu déi Zäiten, an deene mer sinn, ass dat net esou einfach.

Beim Cargo ass et nach méi komplizéiert, well All-Air-Cargo-Gesellschaften, also déi nëmme Fret maachen, dat war eng Gattung, déi war zimmlechen, ech wëll net soen um Ausstierwen, awer déi hat sech staark reduzéiert duerch déi Belly-Fligerei. Do kommen natierlech och nei Momenter. Do weess ee strategesch nach net, wou dat higeet, well natierlech bei der Aviatioun am Passagéierberäich erëm en Zréck ass vun deene riese Bätz. Ech mengen, Dir hutt matkritt: d'A380 gi guer net méi geflunn. Se ginn zwar elo aus dem Schapp geholl, well een op eemol, wéi d'Amerika-Routen opgemaach gi sinn, huet musse kucken, iergendwéi Fligere erbaizekréien. Déi waren alleguer jo an der Wüst stockéiert, well se wéi laang net méi geflu sinn.

Mee dat si schwéier Decisiounen, déi do musse geholl ginn. An do gëtt et näischt Zefriddestellendes richteg de Moment um Marché. Mee natierlech kuckt d'Cargolux sech jo och ëm. An natierlech wäert de Staat - well dat do ass jo d'Essenz beim Invest vun deenen zwou Gesellschaften - eng ganz konstruktiv Roll spillen als Aktionär a versichen, do natierlech ze hëllefen, datt mer do weiderkommen.

Dann de Flughafen selwer: lux-Airport - dramateschen Abroch! Eigentlech ass lux-Airport déi Gesellschaft, déi am meeschte gelidden huet an der Pandemie - natierlech, well näischt méi geflunn ass! Bei der

Luxair zum Beispill konnten nach deelweis Saache kompenséiert ginn iwwert de Cargocenter, well jo d'Cargolux gutt gelaf ass, an natierlech well d'Luxair deem däcksten Aktionär an der Cargolux ass.

Wann eng Dividend ausbezuelt gëtt, dann ass et natierlech kloer: Da profitéiert d'Luxair dovunner. Dat heescht, do konnt dat e bëssen opgefaange ginn. Dat erkläert och, firwat natierlech d'Luxair an enger manner dramatescher Situatioun ass wéi vläicht aner Airlines an Europa, an och keng richtig Staatshëllef kritt huet. Mir hu jo nëmme gehollef bei der Gestiou vum Chômage partiel an esou weider, mee mir hu keng Aides d'État dee Moment ginn un d'Luxair.

Mee, wéi gesot, lux-Airport: Do war näischt do! A lux-Airport huet parallel dozou mussen enorm Investisementer maachen. D'Fluchpist, Dir wësst jo, wat déi kascht huet! Dat sinn Honnerte Milliounen. Deen éischten Deel vum Chantier ass exzellent verlaf. Mir si méi wéi am Timing. Et ass reibungslos ofgelaf. Déi zweet Tranche wäert elo d'nächst Joer kommen, vum Fréijoer bis den Hierscht. Ech hoffen, datt déi genau sou gutt geet. Dann hu mer eng supermodern Pist. Mee dat kascht natierlech richtig Geld. An déi muss d'Fluchgesellschaft opbréngen.

De Staat huet nëmmen nach ganz limitéiert Méiglechkeeten, fir Aiden ze ginn. Just fir alles, wat mat Sécherheet ze dinn huet, kënne mer nach Aidë ginn. Mee zum Beispill d'Pist: nix da! Do kënne mer net als Staat soen: „Mir ginn elo einfach dem lux-Airport esou vill Suen.“ Bréissel kuckt eis do ganz staark op d'Fangeren.

Natierlech gëtt et och nach aner Investisementer, déi lafen. Zum Beispill, wann Der elo de Cargocenter kuckt, do stelle sech Froen fir d'Luxair: Wéi geet et weider mat deem Cargocenter? Dee muss moderniséiert ginn. Do mussen och vill Suen dran investéiert ginn. Wie mécht dat? Mécht d'Luxair dat? Gi mer dat eriewer? Dat sinn alles Froen nach, déi ze kläre sinn an déi och ëmmer extreem delikat sinn, well mer bei allem, sougutt wat de Flughafen ubelaangt ewéi och, wat de Staat mécht bei der Luxair an och bei der Cargolux, ënner allerstrengster Beobachtung vun der Europäescher Kommissioun sinn! Mee mir maachen dat awer a mir wëllen do eis Responsabilitéit iwwerhuelen.

Natierlech, d'Infrastruktur insgesamt: En neien Tower, ass gesot ginn, dee soll gebaut ginn. Do ass de Projet an der Ausaarbechtung. Ech hoffen, nach an dëser Legislaturperiod d'Gesetz kënne se deposéieren - d'Finanzéierungsgesetz. Mir sinn op alle Fall do gutt ënnerwee. Dann natierlech och, et ass net nëmme d'Pist. Da kommen nach d'Taxiways, déi dono mussen ausgebaut ginn. Also, et sinn nach eng ganz Rei aner Saachen, wéi gesot, déi do hannendruckommen, déi och Wichtigkeet hunn, déi mer och mussen ëmmer mat berécksiichtegen.

An dann nach ofschléissend ee Wuert zu där Fro mat minimal ...

Also nee, fir d'éischt emol nach d'Remark vum Här Goergen iwwert d'Motioun. Natierlech setzen ech gär all Motioun ëm, déi ëmsetzbar ass. An ech wëll Iech och soen: Um Internetsite vun der Luxair kënnt Der och den CO<sub>2</sub>-Footprint ... Do kënnt Der et aginn, da kritt Der genau gesot, wivill et ass. Mee wat net geet: Mir kënne net als Staat den Airlines, déi zu Lëtzebuerg landen an déi hei fortfléien, alleguer virschreiwen, wat se op hir Tickete schreiwen. Do gëtt et Reegelen, europäescher. Mir mussen déi respektéieren. An do kënne mer net egal wat maachen. Da kënne mer och net der Airline alles virschreiwen.

Wat awer souwisou geet, wann ee wëllt erausfannen, wéi vill CO<sub>2</sub> een emettéiert, wann een iergendwou



hiflitt, da gëtt et méi wéi een Internetsite, zum Beispill déi, wou Der kënnst kompenséieren. Da kritt Der direkt ausgerechent, wann Der vun hei, ech weess net wouhinne och ëmmer flitt, wéi dann Ären CO<sub>2</sub>-Footprint ass.

Also, wéi gesot, ech si gär bereet, Saachen ëmzesetzen, mee et muss awer och ëmsetzbar sinn! Ech kann näischt maachen, wat dann erëm géint aner Reegelen - internationaler - verstéisst. Well Dir wësst: D'internationalt Recht steet iwwer dem nationale Recht. Dofir sinn ech gäre bereet ... An et ass net aus schlechtem Wëllen, firwat mer dat net gemaach hunn.

Dann zu de Low-cost-Präisser: Ech fannen der éisträichescher Ministesch, déi ech jo gutt kennen, hire Virschlag an hire Virstouss ganz sympathesch. Ech sinn awer net esou sécher, wann do elo Kloe kommen, an ech mengen, datt där wäerte kommen, ob dat d'Strooss wäert halen an Europa. Well ech mengen, datt een net kann national einfach e minimale Präis fixéieren. Dat kann ee maachen, wann een als Staat Aktionär ass an enger Gesellschaft an da kann een als Aktionär do soen: „Mir fannen, bei eis soll dat esou sinn!“ Dat kéint nach goen, mee awer net generell dat virschreien. Ech hunn do meng Zweifel.

Mee de Virschlag ass, also d'Initiativ ass mer sympathesch. Well mer natierlech onsympathesch ass, datt et Gesellschaften gëtt, déi fir fënnef Euro iergendwou hi fléien, well ech soen Iech: Dee Begrëff „Geiz ist geil“ ass schéin a gutt, mee fir fënnef Euro, dat gëtt et net, well d'Flughafen-Tax ass scho méi deier. Also iergendee bezilt dat. A ganz oft bezilt hei d'Personal d'Käschte bei deene Gesellschaften. Also do sinn ech ganz bei Iech. An Dir kënnst mer fräi gleewen, am europäesche Conseil setzen ech mech och ëmmer ganz staark an derof, datt an der Aviatioun net nëmmen aus Ëmweltgrënn, mee virun allem och aus soziale Grënn, fair Präisser solle gemaach ginn, déi net op d'Käschte gi vum Personal. Well ech hätt gär eng Aviatioun, déi vun hire soziale Standarden och deen Numm sozial iwwerhaapt verdéngt.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Mobilitéitsminister François Bausch. Dese Punkt ass domat ofgeschloss.

## 16. 7805 - Projet de loi portant création d'une carte de stationnement pour personnes handicapées

De leschte Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7805 iwwer d'Aféierung vun enger Parkkaart fir behënnert Leit. A wa mer an deene leschten dräi Joer ee Projet haten aus der Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, da war dat normalerweis eng Charge fir den Här Carlo Back, deen dat ëmmer ganz bravouréis gemaach huet an ech zweifele kee Moment drun, datt dat och haut de Fall wäert sinn. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics**

**M. Carlo Back** (déi gréng), rapporteur | Jo. Merci villmools. A wéi seet mäi Kolleg ëmmer: „La última y nos vamos.“

(Hilarité)

Et ass déi leschte Kéier. An da gi mer.

(Hilarité)

Maja. Villmools merci, Här President. An, jo, et ass dee leschte Projet de loi, deen ech Iech presentéieren. An hei geet et ëm e Sujet, fannen ech awer, dee ganz, ganz flott ass. Et geet ëm d'Carte de stationnement pour personnes handicapées.

Et geet hei drëm, eng Carte de stationnement fir Persounen mat engem Handicap ze schafen. D'Konditiounen, fir esou eng Kaart ze kréien an ze benotzen, ginn och an dësem Projet de loi festgeluecht. Et handelt sech hei awer net ëm e ganz neien Dispositif légal, well dee gëtt et schonns zënter enger ganz laanger Zäit hei zu Lëtzebuerg.

Et geet engersäits drëm, e puer Adaptatiounen ze maachen an anerersäits ëm d'Noutwendegkeet, dem aktuelle Parkingskaarten-Dispositif eng nei zolidd juristesche Basis ze ginn.

An deem Sënn geet et mat dësem Projet och drëm, de Règlement grand-ducal vum 31. Januar 2003 - Dir héiert, et ass ee Règlement grand-ducal gewiescht, dee bis elo dës Matière reglementéiert huet an esou eng Kaart virgesinn hat - als Base légale ze ersetzen, an duerch en neien duebelen Dispositif, besteeënd aus Gesetz a Règlement grand-ducal, ze ersetzen.

De Ministère hat ursprénglech 2019 e Règlement grand-ducal ausgeschafft, deen dat besteeënd Règlement vum 2003 sollt ersetzen. Et goung och schonns drëm, den Text ze moderniséieren an notament och en neie Modell vun enger Kaart anzeféieren, déi och méi schwéier wier ze fälschen.

De Staatsrot huet awer a sengem Avis zu dësem Projet de Règlement grand-ducal vum 2019 eng Opposition formelle gemaach mat folgender Begrënnung: Esou eng Kaart wier en Element an e Moyen, fir Persounen mat engem Handicap an eis Gesellschaft ze integréieren, a géif domat no enger Ännerung vun eiser Constitutioun vum 2007 an d'Kategorie vun de Matières réservées à la loi falen. E Règlement grand-ducal aleng geet also verfassungsrechtlech net duer, fir eng Base légale ze kréieren. Dofir huet d'Regierung dunn am Abrëll d'lescht Joer dëse Projet de loi op de Wee bruecht.

De folgende Projet de loi baséiert deemno um besteeëndem Règlement grand-ducal vum 31. Januar 2003 an de moderniséierten Dispositiounen vum Projet de Règlement grand-ducal vum 2019, dee wéi gesot awer net ëmgesat gouf.

Par rapport zum haitegen Dispositif gesäit dëse Projet de loi folgend Modifikatiounen vir: Éischtens: D'Modalités d'optention vun esou enger Kaart gi preziséiert. Da vergréissert en de Krees vun de Beneficiairë vun esou enger Kaart fir Institutiounen an Associatiounen op Etablissementen vun der Éducation différenciée. A fir d'lescht da fixéiert en och d'Modalitéit fir eng Unerkennung vun de Cartes de stationnement, déi déi kompetent Autoritéiten aus Groussbritannien ausstellen, an dëst nom Brexit.

De Modell an de Contenu vun der Carte de stationnement ginn an engem Règlement grand-ducal, wéi gesot, festgehal, dee parallel zu dësem Projet de loi ausgeschafft ginn ass.

Zum Avis vum Staatsrot: De Staatsrot hat am Kader vun dësem Projet de loi zwou direkt Oppositionen formelles gemaach an zwou indirekt an deem Sënn, datt e fir zwou Dispositiounen zousätzlech Prezisiounen gefrot huet an d'Dispens vum zweete Vott dorunner gebonnen huet.

Mat véier parlamentareschen Amendementen konnt d'Kommissioun awer dem Staatsrot op all dëse Punkte Satisfaktioun ginn.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis dëse Projet de loi begreist.

Da gëtt et och een Avis vun der CNPD, vun der Commission nationale pour la protection des données. An déi huet souwuel en Avis iwwer de Projet de loi gemaach wéi och iwwer de Projet de règlement, wat d'Protection des données natierlech betrëfft. D'Donnéeën vun der Demande fir dës Carte de stationnement ginn natierlech digital erfaasst an dann an eng Base de données integréiert. Allgemeng begreist d'CNPD déi gutt Applikatioun vum RGPD an dësem Text. D'CNPD huet awer eng Rei Froen opgeworf a mengt, datt eng Rei Elementer net prezis genuch formuléiert goufen am Projet de loi, sou zum Beispill gouf d'Fro opgeworf iwwer d'Benotzung vum QR-Code, deen op der Carte de stationnement opgedroe gëtt, fir Kontrollen eeben duerchzéien iwwer den Utilisateur. D'Modalitéiten, fir esou Kontrolle mat Hëllef vun dësem QR duerchzuféieren, goufen awer net preziséiert.

De Projet de loi ass vum Minister François Bausch den 22. Abrëll d'lescht Joer deposéiert ginn. De Staatsrot huet säin éischten Avis de 16. Juli 2021 ofginn. D'CNPD huet hiren Avis den 10. Dezember 2021 eraginn. D'parlamentaresch Kommissioun huet de Projet de loi den 21. Oktober 2021 examinéiert a mech als Rapporteur genannt. Eis Kommissioun huet de Rapport final an hire Sëtzung vum 6. Januar 2022 ugeholl a méi Informatiounen si wéi ëmmer a mengem schrëftleche Rapport.

An ech ginn och heimat den Accord vun der grénger Fraktioun a soen Iech elo fir d'lescht nach eng Kéier villmools Merci fir Äert ganz attentiv Noluschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

(Applaudissements)

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech hat Iech net ze vill versprach. Och dee leschte Rapport vum Här Carlo Back war e perfekte Worf. A mir soen him villmools Merci.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Fernand Etgen**, Président | An deen éischte Riedner vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Aly Kaes.

**Discussion générale**

**M. Aly Kaes** (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci dem Här Back fir säi wéi ëmmer detailléierten a komplette Bericht. Wann en och elo mengt, ech géif elo einfach virufueren, dann hat e sech geiert. Ech wëll natierlech dorun uschléissen, wat de President elo grad gesot huet. Ech wëll och am Numm vun eiser Fraktioun dem Här Back villmools Merci soen, fir alles dat, wat en hei an der Chamber geleescht huet an all deene Joren, wou en hei derbäi war. Ech wëll em dann och ganz speziell Merci soen, en huet eng Kommissioun geleet an där ech selwer war, d'Mobilitéit an d'Travaux publics. An ech kann nëmme soen: En huet dat exemplaresch gemaach: fein, kompetent, frëndlech. En huet dat wierklech exzellent gemaach. Wierklech ewéi de Papp vun deem Ganzen.

An duerfir e ganz, ganz grouse Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Aly Kaes** (CSV) | Dat gesot, wollt ech awer och e Wuert iwwer de Projet de loi ...

**Plusieurs voix** | A!

**M. Aly Kaes** (CSV) | ... hei soen. Kee Stress. Et ass jo nach fréi!

(Hilarité)



**Une voix** | Dat ass awer däi Choix!

**M. Aly Kaes** (CSV) | O, ech packen dat.

*(Hilarité)*

Ech wëll dann, wéi gesot, iwwert de Projet de loi schwätzen. An och do war den Här Back relativ oder ganz komplett.

Zënter 2003 gëtt et déi Carte de stationnement, et ass gesot ginn. An et huet eebe mussen e Gesetz ginn, well eis Constitutioun geännert ginn ass, an et domadder effektiv e Gesetz muss sinn, fir dat ze reglementéieren.

Et sinn och e puer Saache bäikomm. Ech wëll net nach eng Kéier drop agoen, et ass alles gesot ginn.

Ech wëll virun allem schonn den Accord vu menger Partei ginn zu deem Projet de loi. Ech wëll awer och ganz kloer all deenen, déi zum Beispill mat Behënneren ennerwee sinn an domadder d'Recht hunn, op enger Behënnerteplaz ze parken, ze stationéieren, soen, datt se dat nëmme benotze sollen, wann och dee Behënneren wierklech derbäi ass.

**Une voix** | Très bien!

**M. Aly Kaes** (CSV) | An datt se se net benotzen, wann dee Behënneren net derbäi ass. Well stellt Iech mol ...

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Aly Kaes** (CSV) | .. vir, si wieren ennerwee mat deem Behënneren a si géife feststellen, datt all déi Plaze besat sinn, well och do dann der halen, déi net berechtigt sinn, an deem Moment esou eng Parkplaz anzehuelen. Ech mengen, da wiere se och rosen, si wieren enttäuscht a virun allem wier dee Behënneren dann a sech dee Leidtragenden. A fir dat ze verhënnere, solle mer alleguerten alles maachen an och d'Regierung soll alles maachen, fir datt dat wierklech beschtméiglech agehale gëtt. Dat wollt ech ganz einfach ...

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Aly Kaes** (CSV) | ... soen. Méi ass a sech dozou net méi ze soen.

Da wollt ech awer och vun der Geleeënheet profitéieren, datt den Här Minister hei ass, fir eng Fro, déi ech awer schonn ... jo, déi mer méi laang schonn um Härzer läit. Et geet net ëm d'Carte de stationnement, mee et geet ganz einfach ëm d'N10, wou tëschent ...

*(Brouhaha)*

... Bettel an Héischdref schonn eng Zäit déi Strooss an der Rei ass, mee awer déi tëschent Héischdref a Reisduerf, jo, wierklech net méi Lëtzebuerger Verhältnissen wierdeg ass. An ech géif duerfir den Här Minister froen, ob et richtig ass, datt et - mengen Informatiounen no - do schonn e Projet gëtt, dee fäerdeg ass, mee deen net ëmgesat ka ginn, well Problemer mam Environnement sinn.

An da wëll ech en och froen: Wéini gedenkt en dann awer, do eng Léisung ze fannen an dat Stéck ëmzesetzen?

An da wëll ech nach eng lescht Fro stellen. Mir wëlle jo eng ganz Rei Vëlosweeër promouvéieren an effektiv gëtt et jo schonn e gudden nationale Reseau an am Fong geholl ass vu Bettel Richtung Veianen alles an der Rei, a vun Héischdref Richtung Musel alles an der Rei.

Awer et ass ee Stéck ...

*(Interruption)*

Jo Dir ... Et ass ee Stéck, dat nei gemaach ginn ass, do ass de Vëloswee op d'Strooss agezeechent ginn. An

en héijere Beamten aus Ärem Ministère huet mer dann awer gesot: „Här Kaes, Dir hutt Recht. Mir missen a sech do och e Stéck Vëloswee niewent der Strooss maachen.“

*(Interruption par la présidence)*

A meng Fro ass: Wéi gesitt Dir d'Méiglechkeet, fir dat ze realiséieren?

Dat gesot, soen ech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

*(Brouhaha et hilarité)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kaes. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President.

**Une voix** | Sch!

**M. Max Hahn** (DP) | No esou engem gudde mëndleche Rapport, wéi mer et gewinnt si vum Carlo Back, bleift net méi vill ze soen - fir net ze soen näischt -, ausser em Merci dofir ze soen an den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ze ginn.

An, jo, well et säi leschte Rapport war, Karel, Dir e ganz grouse Merci am Numm vun eiser ganzer Fraktioun a virun allem och de Membere vun der Mobilitéets- an Infrastrukturkommissioun. Et war ëmmer ganz interessant. Ech fannen, du hues dat op eng ganz erfrëschend Aart a Weis gemaach, de Lead vun dëser Kommissioun, an dir dofir e ganz, ganz grouse Merci.

A genéiss elo e bësse méi Fräizäit! An deng Fräizäit wäers de bestëmmt och ganz vill um Vëlo verbréngen. An do wënschen ech der da ganz, ganz vill Freed!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Hahn. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Carlo Weber. Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Ech hunn och nach e puer Stroossen, déi net an der Rei sinn!

*(Hilarité)*

Här Chamberspräsident, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kollegen, de Gesetzesprojet ass ganz gutt vum Rapporteur Carlo Back presentéiert ginn, dofir e grousen, grouse Merci.

An och e Merci, well mer elo e bësse mateneen geschwat hunn. Ech mengen, den Aly hat virdu gesot: „E ganz sympathesche Mann, de Carlo“. Wann en iwwert de Projet schwätzt, da kritt een eng ganz gutt Iddi vun em. Hie kennt de Projet in- an auswenneg. Villmools merci Carlo, fir déi Messagen, déi s de mer nach mat op de Wee ginn hues.

Bis haut gëtt d'Vignette fir Behënnerteplazen no engem Règlement grand-ducal aus dem Joer 2003 bestëmmt. No bal 20 Joer ass et elo praktesch un der Zäit, den Text der Gesellschaft entsprechend unzepassen an ze moderniséieren.

Den Hiweis aus dem Staatsrot, dass d'sozial Inklusioun vu Leit mat engem Handicap duerch d'Gesetz gereegelt muss ginn, ass fir eis wichteg. Sou gëtt engersäits e gesetzleche Kader geschaf, an anerersäits konnten och déi geplangten Ännerungen vun 2019 nach eng Kéier iwwerschaft ginn. Sou sinn iwwert déi lescht Joren nach wichteg Upassungen gemaach ginn, déi et net nëmme der Verwaltung méi einfach maachen, mee méi wichteg nach de Besëtzer vun der Vignette zegutt kommen.

Méi Leit kréien domat Accès zu wichtige Plazen am urbane Raum. Domat gëtt net nëmme hir individuell Mobilitéit verbessert, mee och hiert Deelhuelen um ëffentleche Liewe gëtt erliichtert.

Och gëtt den Accès zu der Vignette ausgeweit op Institutionen a soss Associatiounen an Etablissementer vun der Éducation différenciée.

Ech begrëissen, dass mat dësem Gesetz endlech all déi Leit viséiert ginn, déi virdu keng Vignette konnte kréien. Dozou gehéieren och Leit mat Krankheeten, déi si an hirer Beweegungsfreiheet aschränken. Ech denken zum Beispill hei un eng ganz aktuell Situation: Long-Covid-Patienten, déi am Moment enner schwéieren Otemproblemer leiden.

Des Weideren erméiglecht de Gesetzesprojet, dass et an Zukunft fir Leit mat enger Behënnierung méi einfach wäert ginn, hir Vignette ze erneieren. Och dat soll deene Concernéierten entgéintkommen.

Léif Kolleeginnen a Kollegen, dat hei ass en Thema, dat mer ganz no geet. Ech mengen d'Norddeputéierten, déi wëssen dat. Meng Famill hat och net ëmmer déi grouss Chance am Liewen an 2002 an 2004 ware Familljememberen a ganz schwéier Autosaccidenter verwickelt, zemoos deen 2004 op der N7, wou et souguer en Doudege gouf an eng Frëndin vu menger Schwéiermamm leibbliwwen ass. Ech mengen, dat si Momenter, ennerlech Wonnen, déi heelen net, nieft deenen Handicappen, déi dann no bausse bleiwen.

An dofir sinn ech duerch meng eegen Erfahrung immens frou, dass mer hei iwwert dëse Wee dëse Leit kënnen hëllefen an den handicapéierte Leit den Alldag kënne vereinfachen. Deemno: Villmools merci, fir all Ënnerstützung an déi Richtung, fir de Leit mat engem Handicap d'Liewe méi agreabel ze maachen!

An enger gudder Gesellschaft soll all Handicap wouergeholl ginn an unerkannt ginn. All Verbesserung, wéi et elo hei de Fall ass, och um Terrain, gëtt deene betroffene Leit e gutt, positivt Gefill fir méi Liewensqualität. Dat bedeit och fir d'Famill an d'Frënn eng méi agreabel Liewensqualität.

Nëmme esou gi mer de Leit d'Chance, fir mat esou mann wéi méiglechen Aschränkungen um ëffentleche Liewen deelezhuelen. Genee dat bedeit d'Zesummeliewen an enger oppener an inklusiver Gesellschaft. Esou stoung et 2018 am Walprogramm vun der LSAP. An dodra stoung och, dass mir eis duerfir asetzen, dass Leit mat engem Handicap behënnertegerecht Liewensbedéngunge virfannen, fir sech aktiv an der Gesellschaft kënnen anzebréngen, en Uleies, wat mer och am Regierungsprogramm erëmfannen.

Absolutt kee soll an eiser Gesellschaft zrëckgelooss ginn. Jo, dat ass leider net ëmmer méiglech. Mee et ass awer eis Pflicht, alles dofir ze maachen, fir d'Ongerechtkeete sou kleng wéi méiglech ze halen.

An deem Sënn kann ech nëmme soen: Natierlech gi mir den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Zum Ofschloss natierlech och dem Carlo Back hei e ganz, ganz léiwe Merci fir déi vill Aarbecht, déi en hei am Sënn vun de Leit gemaach huet. An natierlech ass säi leschte Projet e ganz flotte Projet, well mer hei de Leit kënnen hëllefen, deenen et net esou gutt geet am Liewen. Ech mengen, dat ass esou ee flotten Ofschloss, dee bei de Carlo passt. An ech hat gëschter Mëtteg déi grouss Chance, mam Carlo nach hei kuerz ze schwätzen. An hien huet mer eppes versprochen: Hie géif elo méi mam Vëlo fueren. Hien ass dann deen éischten, dee sech fir d'nächst Joer beim „24 Stonnen Vëlo Wëntger“ ugemellt huet! Carlo, du has mer dat jo gëschter Mëtteg versprochen, ne?



(Hilarité)

An deem Sënn nach eng Kéier villmools merci och vun eiser LSAP-Fraktioun, Carlo, fir deng gutt Aarbecht, déi s de hei gemaach hies. An eppes huet mer um Carlo awer och gefall: Hien huet deem Éisleker Dialekt gutt verstanen, hien huet net eng Kéier mussen nofroen, wat ech gesot hunn. Dat fannen och richteg sympathesch vum Carlo.

(Hilarité)

An deem Sënn, merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Weber. An d'Wuert bleift bei deene vun douewen. An dat ass den Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Ech géif dem Här Carlo Back een häerzleche Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech mengen, et ass alles gesot. Et ass deem näischt méi bäizefügen. Ech si just dann de véierten Éisleker, deen elo géif hei schwätzen, wann ech de Carlo als gebiertege Éisleker géif als Éischte matarechnen. Wëllt soen: D'Éislek hat bei dësem Projet d'Majoritéit an ech ginn ...

(Hilarité)

... an ech wëll dem Carlo awer fir seng Zukunft, op sengem zukünftege Liewenswee alles Gutts wënschen. Ech weess, datt e sech an eiser Gemeng Wëntger dacks verfiert an ech wënschen, datt mer eis dann eng Kéier do treffen, dann drénke mer e Pättche mateneen. Merci Carlo!

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Engelen. An da geet d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, als Alleréisch emol villmools merci fir deen exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Och wann et dee leschte war. E war super interessant, wéi ëmmer perfekt. Villmools merci fir déi schéin Zäit, déi mer zesummen hei konnten an der Chamber verbréngen. Fir deng Zukunft alles Guddes!

An da soen ech einfach, datt eis Fraktioun, datt mir deem Projet de loi do wäerten zoustëmmen, well et ass héich Zäit ginn, datt dee komm ass. An dofir, voilà. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Vun deene villen aus dem Norden, elo dann op ee vun deenen déifste Punkten am Süden.

(Hilarité)

Wéi ech dem Minister schonn an der Kommissioun ugedeit hat, ass jo nach eng Diskussioun, déi mer awer bei deem ganze Projet musse féieren. Dat ass déi mat de private Parkplazen. Well sief et virun engem Supermarché oder soss enzwousch, wou d'Diskussioun jo war, dass déi zwar agezeechent sinn, awer deementspreechend-dee Moment näischt bréngen, well keng Handlungsméiglechkeet do ass. Dass een do an der Zukunft awer eng Kéier kuckt, fir eiser Police do eng Handlungsméiglechkeet ze ginn. Well et ka jo net sinn, dass herno an de Supermarchéen déi Parkplaze gezeechent sinn, een och nach déi Kaart huet an awer een drop steet an een deementspreechend näischt maache kann. Dass mer do awer nach eng Kéier och mam Policeminister an der Justiz-

ministesch dru ginn fir ze kucken, dee Problem aus der Welt ze kréien.

Dem Carlo e grouse Merci. Also Carlo, ech war jo och mat Dir an der Europol. Dat war op der Rees e bësse méi lëschteng wéi d'Mobilitéitskommissioun. Dir ee grouse Merci. Virun allem waars de ëmmer ganz fair an oppen, och géintwärt der Oppositioun an denger Kommissioun, wat wierklech ervirzehiewen ass.

Ech mengen, déi nächst wäert elo eng Presidentin ginn. Ech hunn och do schonn direkt eng éischt Ufro un d'Presidentin, awer och un de Minister. Ech mengen, Dir wësst allen zwee, Dir sidd an der Kommissioun allkéiers derbäi, mir dréien elo scho bal zwee Joer, dass mer de Findel mat all de Projeten sollte kucke goen. An ech weess, dass de Carlo do onbedéngt wollt mat kucke goen, wéi dee Chantier elo virugeet. Ob et dann och méiglech wär, och wann de Carlo elo a senger wuel verdéngter Pensioun ass an d'Kommissioun dann elo endlech de Findel an déi nei Projeten, wou mer virdrun hei beschwat hunn, kucke geet, de Carlo awer nach eng Kéier matzehuelen. Ech mengen, dat géif him och ganz gutt gefallen.

Dem Carlo e grouse Merci. An da vill Spaass an der Pensioun.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier a Mobilitéitsminister François Bausch.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, Här President, merci. Ech mengen zum Projet selwer, vu datt e mat 60 Stëmme gestëmmt gëtt an déi meescht Saache jo och gesot sinn, wëll ech net méi vill soen.

Ech wëll virun allem natierlech och profitéieren, dem Rapporteur e grouse Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. A wann ech dem Carlo Back Merci soen, dann ass dat net nëmmen als Rapporteur, mee och als Frënd. Ech mengen, de Carlo an ech, mir kennen eis schonn zimmlech laang, si gutt Frënn zesummen. Et gëtt der, déi soen an der Politik wär dat zimmlech rar, datt een och gutt Frënn hätt. Abee, hei kann ech Iech soen, de Carlo ass e ganz gudder Frënd vu mir gewiescht a wäert et och selbstverständlech bleiwen. Ech wënschen him natierlech och alles Guddes a soen him e grouse Merci fir déi laangjäreg Aarbecht, déi hien an där hei Kommissioun, mee och op anere Plazen geleescht huet. A mir zwee, Carlo, kréien nach méi wéi eng Kéier d'Geleeënheet, fir zesummen unzestoussen op d'Vergaangenheet oder op d'Zukunft. Ech mengen, mir hu vill zesummen erlieft.

An dann, Här President, erlaben ech mer natierlech och nach - dem Här Kaes seng Froestonn, dat war jo e bëssen ...

(Hilarité)

... hors contexte -, eng Fro ze beäntweren.

(Interruption)

Guer kee Problem. Ech kann em och eng Äntwert dorobber ginn. Also ech hunn den - ech kucken awer elo, datt ech net e falschen Datum soen - 8. Juni d'Soumissioun ënnerschrifwen, fir déi Aarbechten ze maachen op der N10 op deem Tronçon, wat den Här Kaes do ugeschwat huet. Wann ech dat ënnerschrifwen, da geet dat natierlech duerno fir d'éischt bei den Ennvironnement, ier mer definitiv d'Soumissioun lancéieren. Ech krut och vum Ennvironnement den 22. September en Accusé de réception, mee ech hunn

awer nach keng Äntwert vum Ennvironnement par rapport zu deem Stéck kritt. An do läit e bëssen de Problem. Ech hoffen, datt dat dann elo kënnt.

Bon, et sinn elo dräi, véier Méint hier. Well et ass - Dir hutt Recht - e Projet, dee wierklech urgent ass. An dee läit mir och ganz uewen fir ze maachen. Duerfir hoffen ech, datt dat dann elo relativ séier geet.

An zu Ärer Fro mat der Vëlospist. Ech deelen am Fong Är Meenung. A mir hunn dat och schonn analyséiert, fir dat do ze maachen. Allerdéngs, ass dat nach méi komplizéiert, well op där Säit, wou mer dann d'Vëlospist géife bauen, do leie mer deelweis an enger Natura 2000. A wann ech soen Natura 2000, da kennt Der jo d'Schwieregkeeten, prozedural, déi hannendru leien. Duerfir kucke mer och elo nach aner Varianten, eventuell souguer op déi aner Säit vun der Grenz ze fueren. Dat wär vläicht och eng Méiglechkeet. Do si mer, mengen ech, net do dran. Mee dat gëtt gekuckt. Dir hutt honnertprozenteg Recht. Déi beschte Léisung wär, eng separat Vëlospist ze maachen. Dat ass och den Objektif vum Ministère.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Bausch. Dëse Punkt ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7805. Den Text steet am Document parlementaire 7805<sup>7</sup>.

#### *Vote sur l'ensemble du projet de loi 7805 et dispense du second vote constitutionnel*

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dëse Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmme bei 1 Nee-Stëmm ugehall.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7805 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Félix Eischen) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gusty Graas), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closeren, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. François Benoy), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.





## 17. Changement de composition d'une commission parlementaire

Ech hunn nach dräi Punkten: Wat d'Zesummesetzung vun enger parlamentarescher Kommissioun ubelaangt, hunn ech eng Ofännerung matgedeelt kritt:

An der Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace ersetzt d'Madamm Francine Closener d'Madamm Cécile Hemmen fir de Volet Protection des consommateurs a gëtt deemno volle Member.

Gëtt et iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

*(Négation)*

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass. Dann ass dat esou decidéiert.

## 18. Changements de composition des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentareschen Delegatiounen ubelaangt, si folgend Ännerungen agaangen:

An der Délégation luxembourgeoise à l'Assemblée parlementaire de l'organisation pour la sécurité et la coopération en Europe, der OSCE, gëtt den Här Mars Di Bartolomeo als Membre suppléant proposéiert.

An der Délégation luxembourgeoise auprès du Conseil parlementaire interrégional, dem CPI, ersetzt d'Madamm Cécile Hemmen den Här Mars Di Bartolomeo als effektive Member. An den Här Mars Di Bartolomeo ersetzt d'Madamm Cécile Hemmen als Membre suppléant.

Gëtt et dozou iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

*(Négation)*

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass.

Ass d'Chamber mat deenen Ännerungen averstanen?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 19. Hommage à M. Carlo Back

Kolleeginnen a Kolleegen, haut, an et ass schonn e puermol gesot ginn, ass déi lescht Sitzung fir eisen Deputéiertekolleeg vun deene Gréngen, Carlo Back. Hie war déi lescht dräi Joer Member vun der Chamber. Während där Zäit war den Deputéierten aus dem Zentrum President vun der Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an och Vizepresident vun der Kontekommissioun a vun der Kommissioun fir Aarbecht, Beschäftegung a Sécurité sociale.

Déi duuss Mobilitéit, den ëffentlechen Transport a virun allem den Tram, mee och d'Verkéierssicherheit

waren dem geléierte medezinnesche Physiker seng Theemen.

Um internationale Plang war de Carlo Back e ganz aktive President vun der Lëtzebuerger Delegatioun, déi fir de Contrôle parlementaire vun Europol zoustänneg ass, dem GCPC. Hie war och Member am Aarbechtsgrupp tëschent den nationale Parlamenter an dem Europaparlament, fir d'Reglement vum GCPC ze änneren.

De Carlo Back huet esou liicht näischt aus der Rou bruecht an der Chamber. Hie war ëmmer gutt gelaunt. A bei senger Rieden huet ee ganz gutt eraushéieren, aus wéi engem Deel vum Land datt hie kënnt: „va Wooltz“.

Als houfreg Bopa huet hien elo méi Zäit fir seng Famill, mee ech si sécher, datt mir e begeeschterte Vëlofuerer nach dacks an der Stad mam Vëlo - an net nëmmen do, och nach zu Wëntger um „24 Stonne Vëlo Wëntger“ - wäerte begéinen, an dat net nëmme bei schéinem Wieder.

Mir wënschen him alles Guddes op sengem weidere Wee.

Merci villmools, Carlo!

*(Applaudissements)*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung fir haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 20.01 heures.)*





## Sommaire

| Objet                                                                                                                   | N°   | Auteur                        | Page | Objet                                                                                          | N°   | Auteur                          | Page |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|-------------------------------|------|------------------------------------------------------------------------------------------------|------|---------------------------------|------|
| « IRM » dans des cabinets privés                                                                                        | 6043 | Jeff Engelen                  | 72   | Cotisations sociales                                                                           | 6087 | Gusty Graas                     | 87   |
| Projet pilote d'alphabétisation en langue française                                                                     | 6044 | Martine Hansen                | 72   | Bénéficiaires de protection internationale en structure d'accueil                              | 6088 | Nathalie Oberweis               | 88   |
| Expulsion d'un diplomate russe                                                                                          | 6045 | Fernand Kartheiser            | 73   | Exportation de produits alimentaires ukrainiens via l'Union européenne                         | 6091 | Jeff Engelen                    | 88   |
| Service de garde des hôpitaux                                                                                           | 6046 | Jeff Engelen                  | 73   | Démantèlement des navires                                                                      | 6092 | Charles Margue                  | 89   |
| Pédiatrie                                                                                                               | 6048 | Jeff Engelen                  | 73   | Logements pour étudiants                                                                       | 6094 | Yves Cruchten                   | 89   |
| Massacre au Mali                                                                                                        | 6050 | Fernand Kartheiser, Fred Keup | 73   | Recrutement d'enseignants ukrainiens                                                           | 6095 | Fred Keup                       | 90   |
| Statistiques policières pour l'année 2021                                                                               | 6051 | Nathalie Oberweis             | 74   | Rescrits fiscaux                                                                               | 6096 | Laurent Mosar                   | 90   |
| Projets pilotes « anglais à partir de la 7 <sup>e</sup> »                                                               | 6052 | Martine Hansen                | 74   | Transfert de la pharmacie de Vianden vers la commune de Tandel                                 | 6097 | André Bauler                    | 91   |
| Abus de pouvoir envers une entreprise traitant la boue d'épuration                                                      | 6053 | Fred Keup                     | 74   | Incidents à l'ambassade de Russie                                                              | 6101 | Fernand Kartheiser              | 91   |
| Conseil arbitral de la sécurité sociale                                                                                 | 6056 | Sven Clement                  | 76   | Encadrement psychologique de l'armée                                                           | 6103 | Fernand Kartheiser              | 91   |
| Impact de la gratuité des transports en commun                                                                          | 6057 | Dan Biancalana, Carlo Weber   | 77   | Bachelor en cultures européennes                                                               | 6104 | Fred Keup                       | 91   |
| Plan d'action et de gestion relatif au loup                                                                             | 6058 | Gusty Graas                   | 77   | Exécution des peines                                                                           | 6105 | Pim Knaff                       | 92   |
| Offre de services de télécommunications aux réfugiés ukrainiens                                                         | 6060 | Viviane Reding                | 77   | Télétravail au sein de la Police grand-ducale                                                  | 6106 | Dan Biancalana                  | 93   |
| Revenus pour personnes gravement handicapées                                                                            | 6061 | Laurent Mosar, Gilles Roth    | 78   | Arrêt de la Cour de justice de l'Union européenne relatif à la directive sur le droit d'auteur | 6108 | Laurent Mosar                   | 93   |
| Déménagement de réfugiés ukrainiens                                                                                     | 6062 | Sven Clement, Marc Goergen    | 78   | Télétravail au sein de la fonction publique                                                    | 6115 | Marc Goergen                    | 93   |
| Expulsions en matière de bail à usage d'habitation                                                                      | 6064 | Nathalie Oberweis             | 79   | Affaires de divorce actuellement pendantes devant les juges luxembourgeois                     | 6119 | Martine Hansen, Gilles Roth     | 93   |
| Vente des parts Luxair par la BIL                                                                                       | 6065 | Fred Keup, Fernand Kartheiser | 79   | Concept de prise en charge néonatale                                                           | 6123 | Sven Clement                    | 94   |
| Augmentation des intérêts des prêts immobiliers                                                                         | 6066 | Marc Spautz                   | 79   | Refoulements illégaux par l'agence Frontex                                                     | 6127 | Stéphanie Empain, Djuna Bernard | 94   |
| Sécurité des systèmes de communication                                                                                  | 6068 | Sven Clement                  | 80   | Assistance à l'inclusion dans l'emploi                                                         | 6128 | Sven Clement                    | 94   |
| Obligation de publication des comptes annuels au Registre de commerce et des sociétés                                   | 6069 | Laurent Mosar, Octavie Modert | 80   | Engagement d'un coordinateur sportif par les communes                                          | 6131 | Max Hengel                      | 95   |
| Programme d'aides et de soutien aux entreprises nécessitant le plus d'énergie                                           | 6070 | Laurent Mosar                 | 81   | Risque d'une flambée épidémique de rougeole chez les enfants                                   | 6134 | Marc Hansen, Josée Lorsché      | 95   |
| Décompte dans le cadre de l'assurance-dépendance                                                                        | 6072 | Fred Keup                     | 82   | Conséquences de l'affaire CumEx                                                                | 6137 | Gilles Roth, Laurent Mosar      | 95   |
| Carrière de l'artisan dans la fonction publique                                                                         | 6073 | Fred Keup                     | 83   | Réserves de sang                                                                               | 6139 | Martine Hansen, Max Hengel      | 96   |
| Parking du Lycée technique agricole (LTA) à Gilsdorf                                                                    | 6076 | Martine Hansen                | 83   | Global Green Finance Index                                                                     | 6143 | Laurent Mosar                   | 96   |
| Cité militaire de Diekirch                                                                                              | 6077 | André Bauler                  | 83   | Dettes envers l'Administration des contributions directes                                      | 6146 | Sven Clement                    | 96   |
| Mauvais état du chemin repris 346 qui relie le village de Schieren à celui de Schrondeweiler dans la commune de Nommern | 6078 | André Bauler                  | 83   | Assignations de l'ADEM                                                                         | 6148 | Charles Margue, Djuna Bernard   | 97   |
| Château d'Eisenborn                                                                                                     | 6079 | Sven Clement                  | 84   | Sous-lignages Omicron                                                                          | 6151 | Claude Wiseler                  | 97   |
| Démographie médicale                                                                                                    | 6080 | André Bauler, Gilles Baum     | 85   | Économies d'énergie                                                                            | 6154 | Mars Di Bartolomeo              | 98   |
| Volonté de travailler des demandeurs et bénéficiaires de protection internationale                                      | 6081 | Fernand Kartheiser            | 85   | Service d'ambulances dans le nord du pays                                                      | 6167 | André Bauler, Max Hahn          | 98   |
| Art spolié                                                                                                              | 6082 | Fred Keup                     | 86   | Application de l'index sur les loyers demandés par le Fonds du logement                        | 6177 | Marc Goergen                    | 98   |
| Aides aux entreprises                                                                                                   | 6083 | Jeff Engelen                  | 87   | Vaccination avec le vaccin Janssen contre la Covid-19                                          | 6179 | Jeff Engelen                    | 99   |
| Reporting des TCSP                                                                                                      | 6084 | Nathalie Oberweis             | 87   |                                                                                                |      |                                 |      |



**« IRM » dans des cabinets privés | Question 6043**  
(07/04/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Rezent ass d'Diskussioun ëm d'Uschafe vun engem IRM an de private Praxissen erëm op en Neits opkomm. Hei schéngen nach eng Rei rechtlech Onkloerheeten ze bestoen. D'Madamm Gesondheitsminister hat de 4. Abrëll an engem Interview gesot, datt d'Spidolsgesetz vun 2018 géif virschreiwien, datt d'Spideeler de Monopol op d'Uschafe vun engem IRM haten.

Allerdéngs goufen an deem Zesummenhang Stëmmen haart, déi deem widdersprieche. An engem RTL-Reportage hat en Affekot ze bedenke ginn, datt d'Verfassungs- an duerno d'Verwaltungsgericht festgehalen haten, datt de Verbuet vun engem IRM an engem privater Praxis de fräien Exercice vum Beruff vum Dokter limitéiere géif. Déi legal Basis, fir d'Uschafe vun engem IRM an engem privater Praxis ze verbidden, gouf also konkret a Fro gestallt. Weider heescht et, datt, wat d'Uschafe vun engem IRM an engem privater Praxis ugeet, een hei keng Autorisation vum Gesondheitsministère bräicht, mee eng vun der Inspection du travail et des mines.

Des Weideren heescht et am Reportage, datt een e klore Verdacht hätt, firwat d'Demande vu Radiologen, fir selwer en IRM dierfen ze bedriewen, ëmmer nees refuséiert géife ginn. Dëst hätt domat ze dinne, well de Spidolssektor an aner Secteuren dat gär esou hätten, well si d'Personal vertrieeden.

An deem Zesummenhang hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Madamm Gesondheitsminister dee genee Passus vum Spidolsgesetz zitieren, dee beseet, datt d'Uschafe vun engem IRM an engem privater Praxis net legal ass?

2. Wéi steet d'Madamm Minister zur der Ausso vum Verfassungs- a Verwaltungsgericht, datt de Verbuet vun engem IRM an engem privater Praxis de fräien Exercice vum Beruff vum Dokter limitéiere géif?

3. Wéi steet d'Madamm Minister zu der Ausso, datt ee fir d'Uschafe vun engem IRM an engem privater Praxis iwwerhaapt guer keng Autorisation vum Gesondheitsministère bräicht?

4. Wéi steet d'Madamm Minister zu der Ausso, datt eng privat Praxis fir d'Uschafe vun engem IRM keng Autorisation vum Gesondheitsministère brauch, mee datt d'Inspection du travail et des mines heifer responsabel ass?

5. Misst d'Madamm Minister am Kontext vun den Aussoen,

- datt d'Verfassungs- a d'Verwaltungsgericht festgehalen hunn, datt de Verbuet vun engem IRM an engem privater Praxis de fräien Exercice vum Beruff vum Dokter limitéiere géif,

- datt eng privat Praxis fir d'Uschafe vun engem IRM guer keng Autorisation vum Gesondheitsministère brauch,

- datt eng privat Praxis fir d'Uschafe vun engem IRM „just“ eng Autorisation vun der Inspection du travail et des mines brauch,

hir Meenung zu engem Verbuet vun engem IRM an de private Praxissen opgrond vun de Fakten net iwwerdenken?

6. Wéi steet d'Madamm Minister zum Virwurf, datt d'Demande vu Radiologen, fir selwer en IRM dierfen ze bedriewen, ëmmer nees refuséiert géife ginn, well de Spidolssektor an aner Secteuren dat gär esou hätten, well si d'Personal vertrieeden?

**Réponse** (17/05/2022) de **Mme Paulette Lenert**,  
Ministre de la Santé

Den Artikel 2 vum Règlement grand-ducal vum 12. Juni 2004 « fixant les normes pour un service d'imagerie

médicale travaillant avec un tomographe à résonance magnétique nucléaire », bestëmmt, datt en IRM an engem Service d'imagerie médicale vun engem Spidol ze installéieren ass, wéi en am Artikel 26 vum abrogéierte Spidolsgesetz vum 28. August 1998 viséiert ass. Dës legal Basis ass iwwer d'Bestëmmunge vun den Artikelen 4 (2) an 10 vum ofgeännerte Spidolsgesetz vum 18. März 2018 iwwerholl ginn, soudatt de genannte Règlement grand-ducal vum 12. Juni 2004 an notament säin Artikel 2 weiderhi rechtskräfteg sinn. Dës Analys gëtt och vun engem konstanter Jurisprudenz an Doctrine ënnermauert, déi seet, datt, wann d'Base légale vun engem Règlement grand-ducal abrogéiert gëtt, dësen awer weiderhi besteet, ënner der Bedéngung, datt, wéi an dësem Fall, an engem neie Gesetz weiderhin eng néideg legal Basis virgesinn ass.

Wat déi an der virleiender parlamentarescher Ufro erwäunte Gerichtsurteeler ugeet, ass ze ënnersträichen, datt d'Verfassungsgericht decidéiert huet, datt den Artikel 19 vum ofgeännerten Dokteschgesetz vum 29. Abrëll 1983, als legal Basis vum de bestëende Règlement grand-ducal vum 17. Juni 1993 « fixant la liste des équipements et appareils qui ne peuvent être acquis par les médecins et médecins-dentistes pour les besoins de leur cabinet médical », net verfassungskonform ass. De Grond, deen d'Richter zu där Conclusioun gefouert huet, ass, datt de genannten Artikel 19 net prezis genuch ass, als legal Basis vum Règlement grand-ducal vum 17. Juni 1993, an domat géint d'Artikelen 11 (6) an 32 (3) vun der Verfassung stéisst, déi virgesinn, datt d'Nidderloosungsfreiheet gesetzlech cadréiert muss gi respektiv de Beräich vun der Gesondheet eng sougenannt « matière réservée à la loi » ass.

Et ass schonn e puermol drop verwise ginn, datt, niewent der gerichtlech a Fro gestallte legaler Basis aus dem Dokteschgesetz, och d'Spidolsgesetz an notament iwwer den uewegenannte Règlement grand-ducal vum 12. Juni 2004, virgesäit, datt den IRM de Spideeler gesetzlech virbehale ass. Doniewent gëtt et effektiv nach Bestëmmungen am Kader vum ofgeännerte Gesetz vum 10. Juni 1999 iwwer d'Établissements classés. Dës Bestëmmungen hu virun allem als Zil, d'Sécherheet an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz ze reegelen.

Zum Virwurf, datt Demandé vu Radiologe fir en IRM ëmmer nees refuséiert ginn, ass ze soen, datt, virum Hannergrond vun de Bestëmmunge vum Spidolsgesetz, an deem Kontext déi legal Bestëmmungen applizéiert ginn, déi an dësem Fall zoutreffen.

.....

**Projet pilote d'alphabétisation en langue française | Question 6044**  
(08/04/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Am Beräich vun der Schoulpolitik gesäit de Koalitionsaccord vun 2018 vir, dass den Enseignement vum Franséischen an de classeschen ëffentleche Schoulen sech an der Kontinuitéit vu bis elo aschreift an deem keng gréisser Changementer ze erwaarde sinn. An engem „Prise de position“ an der Chamber, folgend der Interpellatioun vun der honorabler Madame Francine Closener iwwert d'Europaschoulen hei zu Lëtzebuerg, huet den Här Minister fir Educatioun awer ervirbruecht, dass en am Moment amgaang wier, d'Aart a Weis, wéi an den ëffentlechen Europaschoulen op Franséisch alphabetiséiert gëtt, ze analyséieren, fir dono an engem eventuelle Pilotprojet, d'Alphabetiséierung op Franséisch an den ëffentleche classesche Schoulen auszuprobéieren, mat der Méiglechkeet d'Alphabetiséierung op Däitsch an op Franséisch an Zukunft parallel unzibidden.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun stellen:

1. Wéi wäit ass de Ministère mam Ausschaffe vum Pilotprojet a wéini kéint dësen an d'Realitéit ëmgesat ginn?

2. Wou sollen dës Pilotprojeten ëmgesat ginn?

3. U wéi eng Kanner adresséiert sech d'Alphabetiséierung op Franséisch?

4. Wéi wäert an dësem Pilotprojet de Stelleväert vum Däitsche sinn?

5. Ka séchergestallt ginn, datt d'Kanner respektiv déi Jugendlech, egal op wéi enger Sprooch se alphabetiséiert ginn, deen noutwendege Sproochesbagage hunn, fir an eise classeschen ëffentleche Lycéee kënnen hiren Ofschloss ze maachen oder mussen och do d'Sproochesektioun weidergefouert ginn?

**Réponse** (03/05/2022) de **M. Claude Meisch**,  
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, méi genau d'Direction générale de l'enseignement fondamental an de Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) hunn e Konzept fir e Pilotprojet vun der Alphabetisatioun op Franséisch an der Grondschoul ausgeschafft. De Pilotprojet, an deen déi concernéiert Regionaldirektiounen, de Luxembourg Centre for Educational Testing (LUCET) vun der Uni Lëtzebuerg, den Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN) an déi concernéiert Gemengen enk agebonne sinn, fänkt zur nächster Schoulentrée un, dat heescht am September 2022.

ad 2. De Pilotprojet gëtt a véier Gemengen ëmgesat: Diddeleng mat der Schoul Däich (Direktioun 07), Déifferdeng mat der Schoul Uewerkuer (Direktioun 04), Fiels (Direktioun 12) a Schëffleng mat der Schoul Nelly Stein (Direktioun 05).

ad 3. De Pilotprojet riicht sech un alleguer d'Kanner, virun allem awer un déi, deenen hir éischt Sprooch eng romanesch ass, an un déi Kanner, bei deenen d'Warscheinlechkeet, datt se eng besser Reussite an der Grondschoul kënnen hunn, wann se op Franséisch alphabetiséiert ginn, méi héich ass. Am Laf vum Cycle 1 kucken d'Enseignanteën an d'Enseignanten, zesumme mat den Elteren, wéi eng Sprooch fir hirt Kand dee bessere Choix ass. Zu de Krittären, déi hëllefen, fir dës Choix ze huelen, zielen ënnert anere de Sproochekontext doheem, mat wéi enge Sproochen d'Kand, de Fall gesat, am non formelle Beräich a Kontakt war oder ass (zum Beispill: Crèche, Maison relais, Dagesmamm), an awer och d'Zukunftspäng vun den Elteren (zum Beispill wéi laang se wëllen am Land bleiwen).

Et ass also de sproochleche Kontext, dee virun allem a Betruecht gezu gëtt, fir de Choix vun der Alphabetiséierungssprooch.

ad 4. D'Dräisproochegkeet vun der Lëtzebuurger Grondschoul gëtt duerch de Projet pilote net a Fro gestallt. Déi däitsch Sprooch kënnt zu deem Moment derbäi, wéi elo déi franséisch Sprooch derbäi kënnt, wann d'Kanner op Däitsch alphabetiséiert ginn, dat heescht am Cycle 2. Do gëtt Sprooch fir d'éischt méndlech geléiert, d'Schülerinnen an d'Schüler sollen se verstoen a méndlech gebrauchte kënnen. Am éischte Joer vum drëtte Cycle léieren d'Schülerinnen an d'Schüler, déi am Pilotprojet matmaachen, Däitsch schreiwien. D'Socles de compétences bleiwen déi selwecht, si gi just am Däitschen an am Franséischen inverséiert.

ad 5. De Pilotprojet ass esou ugeluecht, datt d'Schülerinnen an d'Schüler, egal op wéi enger



Sprooch se alphabetiséiert ginn, den noutwennge Sproochbagage hunn, fir souwuel an de Lycée mat traditionelle Programmer, wéi och an de Lycée mat internationalen oder europäesche Programmer hiren Ofschloss kënnen ze maachen. D'Zesummeferierung soll um Ënn vum Cycle 4 geschéien, sou datt déi normal Orientatiounsprozedur ugewannt ka ginn.

**Expulsion d'un diplomate russe | Question 6045**  
(08/04/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

De 7. Abrëll war an enger Rei Presseartikelen ze liesen, datt Lëtzebuerg e russeschen Diplomat ausweist. An engem entsprechenden Artikel am „Lëtzeburger Wort“ heescht et op Basis vun enger Pressematdeedlung vum Bausseministère: „Diese Person muss Luxemburg innerhalb von 15 Tagen verlassen, da ihre Aktivitäten den Sicherheitsinteressen Luxemburgs zuwiderlaufen“. Weider gëtt den Här Bausseminister awer och perséinlech mat folgender Ausso zitéiert: „Die luxemburgische Regierung zeigt sich solidarisch mit der großen Mehrheit der EU-Staaten, die ebenfalls bereits derartige Schritte eingeleitet haben.“

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Bausseminister gär dës Froe stellen:

1. Géint wéi eng national Sécherheitsintressen huet dee betraffene russeschen Diplomat verstouss, déi esou e Schratt géife rechtfertegen? Op wéi eng Manéier soll dee Verstouss stattfonnt hunn? Fir de Fall, wou d'Regierung scho méi laang gewosst hätt, datt den Diplomat géint eis national Interesse gehandelt hätt, firwat gouf en dann net éischter ausgewisen?

2. Wéi goufen d'Ursaache vun dëser Decisioun, also d'Verdeedegung vun nationale Sécherheitsintressen an d'Solidaritéit mat aneren EU-Staaten, prioriséiert a géinteneen ofgewien? Wat wor hei méi wichteg? Gouf et vläicht en Accord op EU-Niveau, fir russesch Diplomaten mat dem Argument vun der nationaler Sécherheet auszuweisen, ouni datt dat am Eenzelfall muss den Tatsaachen entsprechen?

**Réponse** (10/05/2022) de **M. Jean Asselborn**,  
Ministre des Affaires étrangères et européennes

D'Entscheidung, ee russeschen Diplomat auszuweisen ënnert dem Artikel 9 vun der Wiener Konventioun vum 1961 iwwert d'diplomatesch Bezéiungen, gouf opgrond vu vertraulichen Informatiounen vun de relevante Servicer geholl. D'Solidaritéit mat den aneren EU-Staaten ass ëmmer e wichtige Aspekt fir d'Lëtzeburger Aussepolitik. Et gëtt keen Accord op EU-Niveau, wéi deen, deen den honorabelen Deputéierten suggeréiert.

**Service de garde des hôpitaux | Question 6046**  
(08/04/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Rezent gouf et vill Opreegung an Diskussiounen ëm d'Zoumaache vun der Ettelbrécker Maternité. Een Diskussiounspunkt an där Debatt waren d'Garden an d'Bereetschaftsdéngschter vun den Dokterinnen, déi d'Fonctionéiere vun der Maternité mat solle garantéieren. Hei schéngt et Problemer ze ginn, notament, wat d'Attraktivitéit an d'Méiglechkeete vun den Dokterinnen ugeet, fir dës Gardë flächendeckend ze garantéieren.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsminister:

1. Bestinn am Moment, nieft der Situatioun am Ettelbrécker Spidol, Problemer, fir d'Garden an de Maternité 24 op 24 Stonnen, a siwen Deeg op siwen,

flächendeckend am Land ze garantéieren? Wéi enger Natur sinn dës Problemer?

2. Envisagéiert d'Madamm Minister, fir am Accord mat den Dokterinnen, eng finanziell Analys ze maachen, wat et géif kaschten, fir d'Garden an de Maternité 24 op 24 Stonnen, a siwen Deeg op siwen, flächendeckend am Land ze garantéieren?

3. Wat fir Léisunge proposéiert d'Madamm Minister, fir dës Problemer ze léisen, an a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun dëser Léisung gerechent ginn?

**Réponse** (06/05/2022) de **Mme Paulette Lenert**,  
Ministre de la Santé

ad 1. Aktuell ass dem Gesondheitsministère net bekannt, datt et änlech Problemer mat de Gardë vun de Pediatren och an den anere Spideeler géif ginn.

ad 2. + 3. Aktuell lafen Diskussiounen zwëschen dem Gesondheitsministère, der CNS, der AMMD an der FHL iwwer d'Indemnisiatioun vun de Garden, déi am Spidolsgesetz virgesi sinn. En Accord iwwer d'Indemnisiatioun vun dëser Gardë misst an deenen nächste Wochen fonnt ginn.

**Pédiatrie | Question 6048** (08/04/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Am Kontext vun der temporärer Fermeture vun der Ettelbrécker Maternité stellt sech och d'Fro vun der Personalstruktur an der Disponibilitéit vun de Pediatren.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi vill Pediatere sinn aktuell zu Lëtzebuerg - opgeschlëselt no där jeeeweileger Regioun/Beziirk - zougelooss?

2. Wéi vill vun deene Pediatere schaffen am Spidolswiese mat - opgeschlëselt no deene jeeeweilege Spideeler -, fir de Fonctionnement vun de Maternité mat ze assuréieren?

3. Wéi vill vun den zougeloossene Pediatren zu Lëtzebuerg hunn eng Zousazformatioun fir d'Reanimatioun vun den Neigebuerenen?

4. Wéi gesäit déi allgemeng Alterspyramid vun den zougeloossene Pediatren aus?

5. Huet d'Regierung eventuell Informatiounen dorüwer, wéi vill Lëtzeburger Studenten aktuell am Ausland d'Formatioun zum Pediatere absolvéieren?

6. Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerrhuelen, fir ënnert de Medezinsstudenten de Beruff vum Pediatere ze promouvéieren?

**Réponse** (17/05/2022) de **Mme Paulette Lenert**,  
Ministre de la Santé

ad 1. Aktuell sinn 106 Pediatren zu Lëtzebuerg zougelooss an aktiv. Den nofolgenden Tableau reiseignéiert iwwert d'Unzuel u Pediatren en fonction vun der Lokalitéit, wou si exzerzéieren:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

ad 2. Insgesamt schaffen 91 Pediatren am Spidolswiesen, folgendermoossen opgeschlëselt no deene jeeeweilege Spideeler:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

ad 3. Dem Gesondheitsministère leie keng Informatiounen vir iwwer eventuell Zousazformatiounen, déi Pediatren an der Reanimatioun vun den Neigebuerenen hunn.

ad 4. Déi nofolgend Pyramid gëtt Opschloss iwwert d'Alterskategorie vun den zougeloossene Pediatren:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

Et sief vermierkt, datt vun deenen 128 zougeloossene Pediatren se net méi alleguerten aktiv sinn.

ad 5. De Gesondheitsministère huet keng Informatiounen, wéi vill Lëtzeburger Studenten aktuell eng Spezialisatioun an der Pédiatrie am Ausland absolvéieren.

ad 6. De Gesondheitsministère ass am enken a reegelméisseg Kontakt mat der Lëtzeburger Associatioun vun de Studenten an der Medezin (ALEM) souwéi der Associatioun vu Lëtzeburger Médecins en voie de spécialisation (ALMEVS), fir iwwer déi Kanäl d'Studenten an der Medezin respektiv d'MEVs ze sensibiliséieren. An deem Kader sinn d'Spezialisatiounen, wéi z. B. Pédiatrie, thematiséiert ginn, wou net genuch jonk Dokterinnen nokommen, fir iwwer dee Wee Medezinstudenten an MEVS ze sensibiliséieren.

**Massacre au Mali | Question 6050** (08/04/2022) de **M. Fernand Kartheiser** | **M. Fred Keup** (ADR)

Enge sëllegen Zeieberichter no, déi iwwerdeems och vun der Human Rights Watch (HRW) rapportéiert goufen, ass et am Mali zu engem tragesche Massaker un Zivilisten komm. Am Duerf Moura soll déi malesch Arméi zesumme mat auslännesche Söldner ronn 300 Zivilisten ermuerd hunn. Den HRW huet dëse Massaker als déi schlémmsten Dot am Mali vun de leschten zéng Joer erkläert, d. h., zanter dem Ufank vum Sahel-Konflikt. Och déi franséisch an amerikanesch Regierungen hunn sech déif betraff iwwert dës Dot gewisen.

An deem Zesummenhang hätt mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Huet d'Regierung sech bis dato zu deenen uewe genannten trageschen Dote geäussert?

2. Goufen déi malesch Zaldoten, déi mat verantwortlech si fir de Massaker un Zivilisten, ënnert der Responsabilitéit vun EU-Militärprogrammer forméiert?

3. Wa jo, huet och Lëtzebuerg sech - sief dat finanziell oder personell - op iergendeng Manéier un der Formatioun vum maleschen Militär, déi fir dës schrecklech Dote responsabel sinn, bedeelegt?

4. Wier et an den Ae vun der Regierung elo net ubruecht, fir de Lëtzeburger Engagement am Mali generell ze iwwerdenken, haaptsächlech am Hibleck op déi Lëtzeburger an/oder europäesch Zesummenaarbecht mat der malescher Arméi?

**Réponse** (13/05/2022) de **M. Jean Asselborn**,  
Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. Vertrieeder vun der Regierung hunn sech zu der Operatioun zu Moura geäussert, wou mat grousser Warscheinlechkeet onschëlleg Zivilisten higeriicht goufen, a sech beonrouegt gewisen. Um europäeschen Niveau huet den HRVP Borrell d'Nouvelle iwwer den Doud vun Honnerte Leit zu Moura an enger offizieller Deklaratioun als „héich beonrouegend“ bezechent.



ad 2. Laut dem SEAE vun der EU gëtt et bis haut keng Unzeechen dofir, dass vun der EU ausgebildete malesch Zaldoten un där Operatioun bedeelegt waren.

ad 3. Et gëtt op d'Äntwert op déi zweet Fro verwisen.

ad 4. Iwwerleeungen, fir de Lëtzebuurger Engagement am Mali ze adaptéieren, sinn amgaangen, dëst am Kader vun der Annonce vun der EU, den Training vu malesche constituéierte Forcen „temporär a réckgängig“ ze suspendéieren. De Verdeelegungsminister huet de 25. Abrëll 2022 déi zoustänneg Chamberskommissiounen doriwwer informéiert a gläichzäiteg den Accord kritt fir eng Verlängerung vun der Lëtzebuurger Contributioun bis den 31. Dezember 2022. Dëst virun allem, well d'Unitéiten, déi fir d'Force Protection zoustänneg sinn, net vun haut op muer sech kënnen zeréckzéien, well se fir d'Sécherheet vun hiren europäesche Partner zoustänneg sinn. Des Weidere wäert d'Europäesch Union an hir Memberstaaten dese Mee nach eng strategesch Evaluatioun vun der EUTM aleeden, déi iwwer d'Zukunft vun der Missioun decidéiert an op déi Lëtzebuerg seng final Entscheedung baséiere wäert.

#### Statistiques policières pour l'année 2021 | Question 6051 (08/04/2022) de Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)

Le 7 avril 2022, la police a présenté, en présence du Ministre de la Sécurité intérieure, les statistiques policières pour l'année 2021. Sur le site du Gouvernement, il est mentionné que « (l)es statistiques policières visent à relever l'évolution des tendances tout en fournissant des explications quant à la signification et à l'interprétation de ces données. »

Le document « Chiffres de la délinquance en 2021 » se concentre sur cinq parties, à savoir « Infractions contre les biens », « Infractions contre les personnes », « Le groupe d'infractions », « Divers », « Évolution des cambriolages en 2021 » et « La lutte contre les stupéfiants ».

En fait, le « Service de police judiciaire (SPJ) » comprend cinq départements, dont l'un est le département « Criminalité économique et financière ».

Néanmoins, il semble que le document susmentionné ne contienne pas de véritables informations et chiffres sur le travail de ce département.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

1) Pourquoi le document « Chiffres de la délinquance en 2021 » ne fournit-il pas d'informations détaillées sur le travail du département « Criminalité économique et financière » ?

2) Existe-t-il un rapport annuel actualisé contenant des chiffres récents sur les activités du département « Criminalité économique et financière » du « Service de police judiciaire (SPJ) » ?

3) Combien de dossiers détectés par le département « Criminalité économique et financière » ont été portés à la connaissance du parquet en 2021 ?

L'accord de coalition souligne que « (l)le travail de la Police grand-ducale s'articule autour d'un axe préventif et d'un axe répressif, les deux étant complémentaires et nécessaires pour assurer le respect de la loi et garantir l'État de droit », et dans le chapitre « La lutte contre les stupéfiants », le rapport « Chiffres de la délinquance en 2021 » contient par exemple des informations sur les « (p)lusieurs modes d'action pour orchestrer la lutte antistupéfiants ».

4) Est-ce qu'il existe également un ou plusieurs modes d'action pour orchestrer la lutte contre la

criminalité économique et financière et, dans l'affirmative, pouvez-vous me donner des chiffres et des informations précis ainsi qu'une analyse de l'impact des moyens utilisés dans ce domaine ?

**Réponse (10/05/2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure**

ad 1) L'objectif de la présentation des statistiques policières vise à présenter une analyse quantitative des infractions constatées par les différentes unités de la police, respectivement des plaintes déposées et ceci indépendamment de l'unité. De plus, il faut mentionner que tout policier et tout cadre civil disposant d'une qualité OPJ ou APJ peut dresser des procès-verbaux concernant des infractions constatées ou plaintes, donc pas uniquement le Service de police judiciaire (avec ses cinq départements) mais notamment aussi tout policier des unités de la Direction centrale police administrative. Ainsi, le document n'a pas vocation à donner de « véritables informations et chiffres sur le travail de ce département [criminalité économique et financière] », ni sur aucune autre unité de police individuellement, mais sur les infractions en général.

Le département « criminalité économique et financière » travaille presque exclusivement sur des affaires lui attribuées par les parquets et juges d'instruction et dont l'initiative provient d'un autre acteur national ou étranger. Les affaires du département ne génèrent donc pas nécessairement des chiffres statistiques.

ad 2) Le rapport d'activité de la Police grand-ducale, publié annuellement, reprend également des informations sur l'activité du département « criminalité économique et financière » du Service de police judiciaire.

ad 3) Se référer à la réponse à la question 1). La charge de travail du département ne peut être quantifiée via l'outil des statistiques policières de la délinquance, comme il est expliqué ci-dessus. Toutefois, le département de la criminalité économique et financière doit prendre en charge chaque année quelque mille nouveaux dossiers.

ad 4) Afin de lutter contre la criminalité économique et financière, le SPJ échange constamment des informations avec les autorités judiciaires et les organisations internationales de police telles qu'Europol et Interpol.

En outre, tant au niveau régional qu'au sein du SPJ, les membres de la police sont régulièrement sensibilisés à la matière de la criminalité économique et financière par le biais de formations tant théoriques que pratiques, et ceci en collaboration étroite avec les autorités judiciaires, la CRF et les autorités internationales.

La Police grand-ducale est représentée par la responsable du département criminalité économique et financière au sein du Comité national de prévention du blanchiment et du financement du terrorisme et du comité de prévention de la corruption. Ces comités ont comme vocation d'orchestrer la lutte dans leurs domaines respectifs.

#### Projets pilotes « anglais à partir de la 7<sup>e</sup> » | Question 6052 (08/04/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Verschidde Lycéëën am Land, wéi de Lënster Lycée oder d'École Privée Fieldgen, bidden am Kader vu Pilotprojeten d'Aféierung an d'englesch Sprooch schonn ab 7<sup>e</sup> un an de Koalitiounsaccord vun 2018 gesäit vir, dass en dës Pilotprojeten evaluéiert solle ginn, fir déi néideg Konklusiounen doraus ze zéien.

An dësem Kontext géif ech gär follgend Fro un den Här Minister fir Educatioun stellen:

- Wéi wäit ass de Ministère mat der Evaluatioun vun dem uewe genannte Pilotprojet?

- Wat sinn éischt Konklusiounen, déi aus dem Pilotprojet gezu kéinte ginn an eventuell op nationalem Plang generaliséiert kéinte ginn?

**Réponse (17/05/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

Aktuell bitt ee Lycée am Land Englesch op der 7<sup>e</sup> un, et handelt sech dobäi ëm d'École Privée Fieldgen. Et gouf dozou bis elo nach keng Evaluatioun duerchgefouert.

Am Lënster Lycée gouf de Projet ugebueden an der Form vun engem Forder-/Förderfach (FOFA) mat enger Wochestonn op 70 (7<sup>e</sup> classique) a 7ST (7<sup>e</sup> générale). An deem Fach kruten d'Schülerinnen an d'Schüler entweeder en Appui am Däitschen, Franséischen oder der Mathematik, oder en Engleschcours, deen op eng kommunikativ Approche opgebaut war. Et huet sech séier erginn, datt quasi just d'Schülerinnen a Schüler vu 70 (7C) deelgeholl hunn. Déi meescht Schülerinnen a Schüler mat enger Orientatioun op 7ST (7G) hate bei der Orientatioun eng Recommandatioun, un engem Cours d'appui deelzehuelen.

Dofir gouf bei der ganzer Schoulgemeinschaft (Schüler, Elteren, Enseignanten, psychosoziaalt Personal) eng Ëmfro mam Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) zesummen duerchgefouert. Dobäi war eng vun de Conclusiounen, datt et e Wonsch vun der Majoritéit vun all Grupp wier, datt den Appui-System am Kontext vum FOFA zugonschte vun engem fräiwëllege System vum Cours d'appui géif wäichen. Dowéinst gouf de Cours zanter der Rentrée 2019/2020 net méi ugebueden.

#### Abus de pouvoir envers une entreprise traitant la boue d'épuration | Question 6053 (11/04/2022) de M. Fred Keup (ADR)

Am Artikel „Ziemlich verrückt“, deen den 8. Abrëll am „Lëtzebuurger Wort“ publizéiert gouf, ginn eng Rei potenziell Mëssstänn am Ëmweltministère diskutéiert, déi, falls se sou géifen zoutreffen, als systemateschen Abus de pouvoir zum Schued vun eisen nationalen Interessen ze bewäerte wieren. Den Artikel befaasst sech, zesummegefaasst, mat der Veraarbechtung vum Bulli vu Kläranlagen hei zu Lëtzebuerg, vun deem 2020 trotz gesondheetleche Warnungen nach 21 Prozent direkt op de Felder ausbruecht gi sinn. Am Artikel gëtt allerdéngs eng Firma genannt, déi sech drop spezialiséiert huet, dese Bulli zesumme mat Grünschnitt zu „Klärschlammkompost“ ze verschaffen. Déi besote Firma fuerscht doriwwer eraus och un der thermescher Verwärtung vum Bulli aus de Kläranlagen an hire Projet gouf an der Vergaangenheet vum Ekonomiministère als „für Luxemburg strategisch wichtiges Forschungsprojekt“ bezeechent.

2019 huet déi besote Firma an engem Rechtssträit mam Ëmweltministère eng Plainte virum Verwaltungsgericht deposéiert a gëtt säitdeem, ëmmer nach dem genannten Artikel am „Lëtzebuurger Wort“ no, systematesch vun enger Rei Administratiounen gedrängelt. D'Firma ass an hirem deegleche Betrib méttlerweil sou wäit gestéiert, datt si matten an der aktueller landwirtschaftlecher Kris ronn 300 Tonne Phosphatdünger net kann op de Maart bréngen. Am Fall vun enger Faillite géif d'Firma fir e symboleschen



Euro dem öffentliche Syndikat „SIDEN“ an d'Hänn falen, wat sech, laut dem zitierten Artikel mat der Strategie vun der Regierung deckt, fir d'Veaarbechtung vum Bulli vu Kläranlagen zukünftig komplett an déi öffentliche Hand ze iwwerfeieren.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës dréngend Froe stellen:

1. Wéi steet d'Regierung am Detail zu deenen eenzele Mëssstänn, déi an deem uewe genannten Artikel opgezielt ginn?

2. Wéi eng eenzel Geneemegunge si säit 2019 vun der genannten Firma, bei wéi engem Ministère ugefrot ginn a wéi si se jeeweils beäntwert ginn? Wéi een Zäitraum gesäit d'Regierung vir, fir der Chamber déi entspreichend Dokumenter zoukommen ze loossen?

3. Kann d'Regierung matdeelen, wéi eng ennerschiddlech Kontrolle säit 2019 bei der genannten Firma duerghefouert a wéi eng eventuell Mëssstänn festgestellt goufen? Wéi een Zäitraum gesäit d'Regierung vir, fir der Chamber d'Asazuerderen an d'Rapporte vun deenen eenzele Kontrollen zoukommen ze loossen?

4. Wéi steet d'Regierung am Sënn vun deenen zwou Froe virduun zum spezielle Virwurf vum Interessenkonflikt, datt en öffentliche Syndikat als neie Proprietär kéint oprieden, wann d'Firma duerg feelend Geneemegungen an aner staatlech Moossname géif Faillite maachen?

5. Wéi steet d'Regierung zu dem Virwurf, datt eisem landwirtschaftleche Secteur an der aktueller Krisensituatioun, déi och duerg e Mangel un Düngerimporter gepräagt ass, opgrond vun engem politeschen Interessenkonflikt 300 Tonnen Dünger aus nationaler Produktioun virenthale ginn?

6. Wéi steet d'Regierung zu dem Virwurf, datt eng privat Firma, déi all Dag 3.300 kWh Strom a 27.000 kWh thermesch Energie kéint produzéieren, opgrond vun engem politeschen Interessenkonflikt an der aktueller Energiekris um Betrib gehënnert gëtt, an dat, obwuel dës Firma an der Vergaangenheet och mat öffentliche Gelder ennerstëtzt gouf, fir hir Innovatiounen ze realisieren?

**Réponse commune** (12/05/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministere de l'Économie | **M. Claude Turmes**, Ministere de l'Énergie | **Mme Joëlle Welfring**, Ministere de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **Mme Paulette Lenert**, Ministere de la Santé | **M. Claude Haagen**, Ministere de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

Preliminär Remark:

Als Éischt ass et wichteg, dorop hinzewiesen, dass d'Decisioun vun der Ëmweltverwaltung, de produzierte Klärschlammkompost weiderhin als Offall ze gesinn, an engem Urteel vum Verwaltungsgericht vum 23. März 2022 (N° 45032) confirméiert gouf.

D'Gericht huet kloergemaach, dass bei der besotener Decisioun d'Dispositioun vum Offallgesetz richteg applizéiert goufen. D'Géigepartie konnt d'Gericht mat kengem vun hiren Argumenter iwwerzeegen. Dëst weesentlech Element gëtt awer am Artikel net erwähnt.

ad 1. Aus deem uewe genannten Artikel erginn sech fir d'Regierung keng „Mëssstänn“, wat d'Kompetenze vun der Regierung ugeet.

Zum Artikel selwer ginn et awer e puer Saachen ze soen:

Et ass net ubruecht, vu „staatlechtem Boykott“, vu „bürokrateschem Hindernis“ oder „Steine in den Weg

gelegt“ ze schwätzen: Wéi all aner Firma och, muss sech déi besote Firma an déi Leit, deenen si hire Klärschlammkompost wëll liwweren, un d'Gesetzer an d'Oplage vu Geneemegungen halen.

Den Artikel ass insoufern net korrekt, als datt en net seet, datt d'Decisioun vun der Ëmweltverwaltung, datt de produzierte Klärschlammkompost weiderhin als Offall ze gesinn ass (Detailer dozou fannen sech an der Äntwert op d'Fro 2), an éischer Instanz vum Verwaltungsgericht den 23. März 2022 (rôle n° 45032) confirméiert gouf.

Och ass et net korrekt ze behaupten, datt d'Ëmweltverwaltung eng „nei a willkürlech“ Interpretatioun vun de Gesetzestexten géif maachen. Wouer ass, datt am Kader vu Geneemegungsufroe Beweiser derfir verlaangt ginn, datt de produzierte Klärschlammkompost bei senger Notzung weeder der Ëmwelt nach der mënschlecher Gesondheet schuet. Dës Beweiser konnte bis ewell net erbruecht ginn. Och dëst gouf am besotenen Urteel vum 23. März 2022 vum Verwaltungsgericht jugéiert. Et stëmmt och net, dass eng Prouf fir all Camionsladung muss geholl ginn, mee et muss eng Prouf vun all produzierte Charge geholl ginn.

Wat d'Erwänung vum ANSES-Rapport ugeet: D'Conclusioun vum der Etüd vun der ANSES bezieen sech op mat Sars-CoV-2-kontaminierte frësch Klärschlamm a roden, dësen, aus Grënn vun der Liewensmittelsecherheet an der Aarbechtssécherheet, net ze notzen, soulaang net kloer ass, wéi den Impakt vun esou engem Klärschlamm kéint sinn. Parallell zu der Etüd vun der ANSES huet och d'WHO eng „Interim Guidance“ publizéiert, déi de Risiko vun enger Ustiechung mam Sars-CoV-2-Virus daitlech relativéiert a par rapport zu dësem spezifische Virus keng Zousazprecautiounen fir néideg hält. De Klärschlamm, dee vun de lëtzebuergesche Kläranlagen aus an d'Landwirtschaft geet, mécht e klengen Undeel vum Gesamtklärschlammfall aus, a staamt zu engem groussen Deel aus Anlagen, wou dee Schlamm an engem Faultuerm behandelt gouf. An hirem Avis vum März 2020 schätzt d'ANSES den Ustiechungsrisiko duerg Klärschlamm generell als méiglech, allerdéngs awer nëmme bei frëschem Klärschlamm. D'Ausbréng vu Klärschlamm hei zu Lëtzebuerg ass net verbueden, sous condition datt een déi geltend Dispositiounen aus folgende groussherzogleche Reglementer anhält:

- Règlement grand-ducal du 23 décembre 2014 relatif aux boues d'épuration ;

- Règlement grand-ducal modifié du 24 novembre 2000 concernant l'utilisation de fertilisants azotés dans l'agriculture (Nitratreglement).

Zu den effektive Mëssstänn am concernéierte Betrib fënnt een Detailer an der Äntwert op d'Fro 3.

ad 2. De Projet vun der Klärschlammkompostéierung ass 1999 ursprénglech geneemegt ginn. Am Laf vun de Joren ass en ëmmer erëm geännert ginn.

Op Basis vum Kommodogesetz an dem Offallgesetz goufe säit 2019 folgend Geneemegunge vun der besotener Firma ugefrot:

- 1/19/0196 vum 14. Abrëll 2019: Ännerung vun der Offallvergasungsanlag.

Déi projézéiert Ännerunge vun der Anlag si vun der Verwaltung als weesentlech ugesi ginn an de Bedreiwer ass den 28. Juli 2020 gebiede ginn, eng nei Demande anzerechen.

- 1/19/0591 vum 4. Dezember 2019: Zouschëdde vun der bestoender offener Lagun, déi d'Uewerflächewaasser vum Site opheilt.

D'Zouschëdden ass den 21. Mee 2021 vum fir Ëmwelt zoustännege Minister geneemegt ginn.

- 1/20/0158 vum 28. Abrëll 2020: Verlängerung vum Betrib vun der Offallvergasungsanlag (experimentell Anlag).

D'Verlängerung ass den 28. Juli 2020 vum fir Ëmwelt zoustännege Minister geneemegt ginn, si geet bis den 30. September 2022.

- 1/22/0143 vum 9. März 2022: Bedreiwe vun der geneemegter Offallvergasungsanlag als Offallverbrennungsanlag.

Datt ass déi Demande, zu där den 28. Juli 2020 opgefuerdert gi war. Den Dossier ass an der Bearbechtung.

Weiderhin huet déi besote Firma den 2. August 2019 bei der Ëmweltverwaltung ugefrot, fir dee vun hir produzierte Klärschlammkompost kënnen als Substrat, fir Kulturen ze vermaarten, dëst op Basis vum europäesche Reglement (UE) 2019/1009 établissant les règles relatives à la mise à disposition sur le marché des fertilisants UE, modifiant les règlements (CE) n° 1069/2009 et (CE) n° 1107/2009 et abrogeant le règlement (CE) n° 2003/2003, a fir dee vun hir produzierte Klärschlammkompost kënnen als Ersatzbrennstoff, fir Verbrennungsanlagen ze notzen.

D'Ufro, dee Klärschlammkompost als Substrat kënnen anzesetzen, gouf refuséiert, well de Klärschlammkompost d'Konditiounen vum genannten Reglement net erfüllt. Och deen zweeten Deel vun där Ufro gouf refuséiert, dëst, well net déi néideg Dokumenter bälouche fir ze beweisen, dass de Klärschlammkompost d'Konditiounen aus dem Artikel 7 vum Offallgesetz (fin de statut de déchet) erfüllt.

De 27. September 2019 gouf d'Ëmweltverwaltung mat enger méi detailléierter Ufro befaast: Et gouf doranner de „fin de statut de déchets“ nom Artikel 7 vum Offallgesetz ugefrot, fir de Klärschlammkompost als Recyclingsubstrat oder Ersatzbrennstoff ze notzen. Dës Ufro gouf den 20. Abrëll 2020 refuséiert, well an der Ufro net kloer bewise ginn ass, datt de Recycling-substrat eng schiedlech Auswierkungen op d'Ëmwelt a Gesondheet hätt. Och fir d'Notzung als Ersatzbrennstoff hunn déi Beweiser gefeelt. Den 19. Mee 2020 huet d'Firma Positioun zu dësem Refus bezunn, de 24. Juni 2020 gouf e vun der Ëmweltverwaltung bestätegt. Wéi schonn an der Äntwert op d'Fro 1 gesot, ass déi Decisioun vun der Ëmweltverwaltung an éischer Instanz vum Verwaltungsgericht den 23. März 2022 (rôle n° 45032) confirméiert ginn.

Des Weidere war de 27. September 2019 ugefrot ginn, fir de Klärschlammkompost kënnen versuchsweis als Ersatzbrennstoff bei engem anere Betrib anzesetzen. D'Firma gouf drop higewisen, dass et d'Anlag ass, déi den Ersatzbrennstoff wëll testen, déi dofir eng Geneemegung muss hunn.

Op Basis vum Ëmweltinformatiounsgesetz vum 25. November 2005 kënnen all ugeschwaten Dokumenter bei der Ëmweltverwaltung ugefrot ginn.

ad 3. Am Kader vum Kommodogesetz an dem Offallgesetz huet d'Ëmweltverwaltung Kontrollen duerghefouert. D'Kontrolle gi vun den zoustännege Autoritéiten, jee no Situatioun, reegelméisseg oder wann sech eng Situatioun ergëtt, déi sou eng Kontroll rechtfertigt, duerghefouert.

D'Ëmweltverwaltung huet den 20. Januar 2021 eng Kontroll bei der besotener Firma um Fridhaff gemaach, nodeems festgestallt gi war, datt si hire Klärschlammkompost anere Firme ginn haten, ouni sech un hir Geneemegungsoplagen ze halen. Doropshin ass dem Bedreiwer de 15. Februar 2021 ee Courier vun der Ëmweltverwaltung geschéckt ginn, an deem schréftlech festgehalde ginn ass, wat bei der Kontroll beanstant gouf a wou hien och matgedeelt krut, wat ze maache wier.



Nieft der Tatsaach, dass vill méi Material a Klärschlammkompost um Site louch, wéi geneemegt ass, ass och festgestallt - a vum Bedreier confirméiert - ginn, dass um Site geneeemungspflichteg Aktivitéite géife gemaach ginn, ouni geneemegt ze sinn. Och ass de Bedreier an deem Courier opgefuerdert ginn, sech un all seng Geneeemungsoflagen ze halen (wat bei der Kontroll net de Fall war). Donieft sinn an deem Courier och nach Informatiounen, déi gefeelt hunn a schonn nogefrot gi waren, op en Neits agefuerdert ginn. De Bedreier gouf och informéiert, dass eng Demande fir eng Geneeemegung misst bei der Ëmweltverwaltung eragereecht ginn, fir de Fall, dass hien déi net geneemegt Aktivitéite wéilt weiderféieren.

Den 9. Juni 2021 war eng weider Kontroll, well verschidde Punkten aus dem éischte Bréif net richtig oder guer net beäntwert gi waren. Dobäi gouf festgestallt, dass d'Situatioun sech an der Tëschenzäit net verbessert hat.

Doropshin ass den 20. Juli 2021 ee Bréif vum fir d'Ëmwelt zoustänneg Minister un de Bedreier gaangen, an deem hien opgefuerdert gouf, sech bis spéitstens den 31. Mee 2022 u sämtlech Bedéngunge vun der Geneeemegung ze halen, anerefalls de Betrib, no enger „mise en demeure“, géif suspendéiert ginn. An deem Courier ass de Bedreier och drop higewise ginn, dass hien nach just sou vill neie Klärschlamm an aner Offäll däerf unhuelen, wéi séchergestallt ass, dass d'Kapazitéiten, déi laut Geneeemegung erlaabt sinn, agehale ginn.

ad 4. D'Regierung huet keng Handhab op Kontrakter tëscht enger privater Firma an engem Gemengesyndikat.

De Syndikat ass haut scho Proprietär vum Terrain a vun enger Rei Infrastrukturen op deem Site, op deem d'Firma seng Aktivitéiten huet. Am Fall vun enger Fällite kënn et zu enger Liquidatioun no gesetzleche Reegelen a Prozeduren.

ad 5. D'Regierung gesäit hei kee „politeschen Interessekonflikt“. Den Asaz vu Klärschlamm als organesch Dünger an der Landwirtschaft ass zu Lëtzebuerg duerch e spezifesch Reglement vum 14. Abrëll 1990 gereegelt, wat duerch ee Reglement vum 23. Dezember 2014 modifizéiert gouf. Den Asaz vu Klärschlamm ass ënner bestëmmten Oflagen, wéi beispillsweis enger Beprouwung vun den Ausbréngungsflächen op verschidde Schwéiermetaller hin oder eng Begrenzung vun der Quantitéit op dräi Tonnen Trockensubstanz pro Hektar méiglech, dës mam Zil, fir eng Uräicherung vu Schwéiermetaller an de Biedem ze verhënneren.

Weider Beschränkunge betreffe beispillsweis den Delai virun der Recolte respektiv der Beweedung fir d'Vei, esou dass sanitär Risiken ausgeschloss kënnen ginn. Et spillt am Kader vun där Gesetzgebung keng Roll, ob de Klärschlamm eleng ausbruecht gëtt oder beispillsweis mat Kompost vermëscht gëtt. Déi erwäunte Quantitéit u Klärschlammkompost vun där Firma kann also duerchaus als Dünger an der Landwirtschaft verwäert ginn.

ad 6. Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5225 vum 15. November 2021 vum éierewäerten Deputéierte Claude Haagen gesot, ass d'Anlag a la base eng Versuchsanlag. Dofir huet si och bis ewell nach keng definitiv Geneeemegung kritt gehat.

Et ass net ewéi vum honorabelen Deputéierten avancéiert, wéinst engem „politeschen Interessekonflikt“, dass de Klärschlammkompost an de Klärschlamm aktuell net kënnen dofir agesat ginn. Och gouf de Betrib net „gehënnert“, dës ze maachen, well eng Vergasung a Verwäertung vum Gas ass geneemegt.

Aner Betriber, déi déi néideg Geneeemegungen hunn, kënnen déi Saachen och zur Produktioun vu Stroum an thermescher Energie asetzen.

Fir déi geplangte Produktioun vun erneierbarem Stroum an Hëtzt ass och ee speziellen Aspeisetariff vun der Säit vum Energieminister virgesinn.

### Conseil arbitral de la sécurité sociale | Question 6056 (11/04/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

De Conseil arbitral de la sécurité sociale (CASS) ass eng éischt Instanz, déi fir Ugeleeheneiten a Sträitfäll a Saache Sozialversécherung tëschent Versécherter a Versécherer zoustänneg ass.

An engem „Quotidien“-Artikel vum 10. September 2020 gëtt vun 800.000 Versécherter zu Lëtzebuerg geschwat. Virun deem Hannergrond, an der steigen der Unzuel vun Dossieren, déi järelech bei dem CASS agereecht ginn, goufen d'Capacitéiten (nei Raimlechteiten, méi Personal etc.) vum CASS am Joer 2020 erhéicht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Sozialversécherung dës Froe stellen:

1. Baséierend op den Zuele vun de leschten dräi Joer:
  - a) Wéi vill Dossiere goufe pro Joer vum CASS opgemaach?
  - b) Wéi vill Casé goufe pro Joer vum CASS ofgeschloss?
  - c) Wat war den duerchschnëttleche Montant, ëm déi et an den traitéierten Affär gaangen ass?
  - d) Wéi oft gouf am Sënn vum Versécherter, wéi oft am Sënn vum Versécherer tranchéiert?

2. Wëssend, dass Delaie jee no Cas kënnen variéieren, wéi vill Zäit vergeet duerchschnëttlech vun der Demande de recours bis hin zum éischten Debat?

3. Wéi vill Zäit vergeet duerchschnëttlech vun der Demande de recours bis hin zur Decisioun?

4. Konnten opgrond vun den am Artikel ugeschwate Capacitéitserhéijunge schonn Entlaaschtunge festgestallt ginn? Wa jo, wéi manifestéieren sech dës?

Réponse (16/05/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale

ad 1. a) An de Joren 2019 bis 2021 goufen am Ganze 5.501 nei Recours beim CASS agereecht, dovun 2.056 am Joer 2019, 1.716 am Joer 2020 an 1.729 d'lescht Joer. An där selwechter Zäitspann sinn 10.500 Affäre fir Plädoyer an Audienz fixéiert ginn, dovun 3.405 am Joer 2019, 2.678 am Joer 2020 a 4.417 am Joer 2021.

ad 1. b) Am Ganze si fir déi gefrote Jore 4.430 Affären (2019: 1.337, 2020: 1.298 an 2021: 1.795) mat engem Jugement ofgeschloss ginn, woubäi et de betraffene Persounen awer nach ëmmer méiglech war, an de besot Fäll virum Conseil supérieur de la sécurité sociale (CSSS) an Appell ze goen.

ad 1. c) Et sief ze bemerken, dass de CASS eng Villzuel vu Recours géint Decisiounen vu ville verschidene Sozialversécherungsorganismen traitéiert:

- Decisiounen vum Verwaltungsrat vun der Associatioun vun der Onfallversécherung (AAA);
- Decisiounen vum Verwaltungsrat vun der Pensiounskeess (CNAP);
- Decisiounen vum Verwaltungsrat vun der Gesondheetskeess (CNS);
- Decisiounen vum Verwaltungsrat vun der Zukunftskeess (CAE);
- Decisiounen vum Direktiounscomité vum nationale Solidaritéitsfong (FNS);
- Decisiounen vun der Commission spéciale de réexamen de l'Agence pour le développement de l'emploi;

- Decisiounen vun der Commission mixte betreffend d'Persounen déi hir lescht Aarbecht net méi konnten ausféieren (reclassement interne/externe);

- Decisiounen vun der Commission de surveillance (Artikelen 72, 72bis, 73 et 73bis vum Code vun der sozialer Sécherheet).

Den Objet vun de genannte Recours beleeft sech op d'Ofstreide vun de getraffenen Decisiounen op Basis vun hirem Prinzip, dass heescht zum Beispill den Zousproch oder de Refus fir d'Invaliditéitspensioun, d'Kontestatioun vum Prozentsaz vun der Aarbechts-onfäegkeet, déi vun der AAA am Fall vun engem Aarbechtsaccident festgehale gëtt oder och d'Decisioun vum FNS am Zesummenhang mam Zousproch, der Ofso oder dem zukünftigen Enthale vum REVIS (revenu d'inclusion sociale).

Dës bréngt mat sech, dass et net méiglech ass, en duerchschnëttlechen an zoutreffende Montant fir déi betreffend Affären ze nennen.

Wat d'Affäre vun der Commission de surveillance ugeet, traitéiert de CASS d'Affären am Zesummenhang mat den Aktivitéitsrapporte vun den Dokter an den Zännokteren, souwéi och d'Violatiounen vun de gesetzlechen, reglementareschen, statutareshen a konventionelle Bestëmmungen duerch e Prestataire vu Gesondheetsleeschunge vun der zoutreffender Gesetzgebung. An deem Fäll muss de CASS sech ëm d'Analys vum Dossier vum Prestataire këmmen a bei Feststellung vun engem Verstouss eng Sanktioun géint dës ausschwätzen. Den Artikel 73bis, 1. Alinéa, vum Code vun der sozialer Sécherheet gesäit folgend Sanktiounen vir:

« [...] »

- a) une amende d'ordre au profit de la CNS ne pouvant dépasser 25.000 €. En cas de récidive dans un délai de deux ans l'amende d'ordre ne peut être inférieure à 25.000 € ni supérieure à 500.000 € ;
- b) la restitution, à la CNS, des montants indûment perçus augmentés des intérêts légaux ;
- c) la soumission obligatoire et exclusive, pendant une période de cinq ans au plus, du prestataire au régime conventionnel prévoyant une prise en charge directe par la CNS de toutes les prestations effectuées pour compte des assurés ;
- d) la limitation du nombre d'actes et de services professionnels par patient en moyenne que le prestataire ne peut plus dépasser pendant une période de trois années au plus sous peine de restitution des honoraires afférents. Ce maximum peut s'appliquer à tout ou partie de l'activité du prestataire. »

ad 1. d) An de Joren 2019 bis 2021 sinn 1.350 Recours als fondéiert deklaréiert ginn, wouvun et der 404 am Joer 2019, 419 am Joer 2020 a 527 am Joer 2021 waren. An där selwechter Zäitspann goufen 2.727 Recours als net fondéiert befonnt. Des Weideren ass ze soen, dass 256 Recours als irrecevabel erkläert goufen, respektiv vum Rôle gestrach goufen. (86 am Joer 2019, 57 am Joer 2020 an 113 am Joer 2021).

ad 2. Generell läit den Delai tëscht dem Depot vum Recours beim CASS bis hin zur éischter Fixatioun vun enger Unhéierung tëschent dräi a sechs Méint.

ad 3. Soubal festgeluecht ass, dass d'Affär ka plädéiert ginn, gëtt se vum CASS a Presens vun de betraffene Parteie gehéiert an ënner Berodung geholl. D'Ausschwätze vum Urteil ass normalerweis op véier bis fënnf Woche fixéiert, mat Ausnam vun de juristeschen méi komplexen Affären am Zesummenhang mat der europäescher Gesetzgebung.

Et muss een awer ervirhiewen, dass bei ganz villen Affären den Datum fir d'Plädéiere op Demande vun



de Parteien hin, an haaptsächlech vun de Parteien, déi de Recours ugefrot hunn, verréckelt gëtt, fir dass nach weider medezinnesch oder och aner dozou-gehéierend Dokumenter kënnen virgeluecht ginn.

De CASS kann ee- bis zweemol den Accord fir d'Verleeë vun der Audienz ginn, ma kann awer och decidéieren, no e puer Ufroen, en Datum festzeleeën, deen net méi ka verréckelt ginn an op deem d'Affär muss plädéiert ginn a wann néideg dann och par défaut géintwärt enger vun de Parteien.

ad 4. Doduerch, dass tëscht de Joren 2014 an 2021 d'Unzuel vun de Jugen, de Greffieren an de Mataar-bechter an d'Luucht gaangen ass an de CASS am August 2020 a seng nei Raimlechkeeten am Gebai „Moonlight“ geplënnert ass, wou dem CASS een Audienzsaal méi zur Verfügung steet (et stinn elo dräi Säil zur Verfügung), kënnen méi Audienze wéi soss vun de verschiddene Jugé gehale ginn. Dëst bréngt mat sech, dass Entlaaschtunge festgestallt kënnen ginn an de CASS nach oppen Affären no a no opschaffe kann an domat och de Réckstand vun den Affäre reduzéiere kann.

#### Impact de la gratuité des transports en commun | Question 6057 (11/04/2022) de M. Dan Biancalana | M. Carlo Weber (LSAP)

Le 1<sup>er</sup> mars 2020, le Luxembourg a mis en place la gratuité des transports en commun. Une date qui correspond malheureusement aussi au début de la pandémie, le premier patient testé positif à la Covid-19 sur le territoire du Grand-Duché ayant été détecté la veille de cette date.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Quelles sont, de manière générale, les conclusions tirées deux ans après l'entrée en vigueur de la gratuité des transports en commun ?

2) Malgré la pandémie et les mesures prises telles que le chômage partiel, le télétravail ou encore le congé pour raisons familiales, une évolution vers une hausse de la fréquentation a-t-elle été constatée suite à la mise en place de la gratuité des transports en commun ?

3) À combien se chiffre le coût réel de cette introduction des transports en communs gratuits ?

4) Est-il envisagé d'étendre cette gratuité aux lignes de bus transfrontalières ?

**Réponse** (18/05/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) Les investissements systématiques et continus sont une condition sine qua non pour promouvoir l'attractivité des transports publics. Le choix, la ponctualité et la qualité des services proposés sont essentiels pour inciter les citoyens à changer leurs habitudes et à privilégier les transports publics par rapport à la voiture.

La gratuité des transports publics est une mesure sociale importante. Il s'agit de la cerise sur le gâteau dans le cadre de notre stratégie globale visant une révolution multimodale.

Force est de constater que la gratuité a été accueillie très positivement tant par les utilisateurs que par les différents acteurs également au niveau national qu'au niveau international. En effet, à côté de l'élément social, la gratuité est une mesure qui facilite largement l'accès aux transports en commun surtout pour les nouveaux clients et permet une utilisation

très spontanée pour des événements ponctuels. Dans ce contexte, il y a aussi lieu d'évoquer la réduction du travail administratif qui résulte de l'abandon de la tarification.

ad 2) La mise en place de la gratuité des transports en commun a immédiatement été suivie de la pandémie du Covid-19. Parallèlement, des changements structurels substantiels de l'offre des transports en commun ont été réalisés lors de la pandémie, comme la mise en service du tram jusqu'à la gare centrale (décembre 2020) ou la réorganisation du réseau RGTR au niveau national (2021 et 2022). Tous ces éléments ont eu un impact très important sur la mobilité quotidienne des usagers. Par conséquent, il s'avère impossible de faire un constat définitif quant à l'impact de la mise en place de la gratuité sur la fréquentation des transports en commun.

Ainsi, l'utilisation du tram a fortement augmenté depuis que la ligne dessert la gare centrale, alors que le nombre de voyageurs du train augmente également depuis 2020, mais n'a pas encore atteint celui de 2019.

ad 3) Le coût de la gratuité, qui correspond à la perte des recettes tarifaires, a été chiffré à 41 millions d'euros par année.

ad 4) La gratuité s'appliquant au réseau de transport public au Luxembourg, le tarif RegioZone est dû à partir du point de passage de la frontière depuis le 1<sup>er</sup> mars 2020, peu importe si l'arrêt dans le pays voisin se situe à 1 ou à 10 km au-delà de la frontière.

Afin de pouvoir analyser les effets d'une extension de la gratuité jusqu'à un arrêt situé à moins de 5 km de la frontière, un projet pilote de gratuité est en cours en collaboration avec la Communauté de communes de Cattenom et environs (CCCE). Ce projet pilote permet aux travailleurs frontaliers de voyager gratuitement entre le parking P&R à Roussy-le-Village et le Luxembourg.

#### Plan d'action et de gestion relatif au loup | Question 6058 (12/04/2022) de M. Gusty Graas (DP)

An engem Artikel, deen de Weekend an enger Lëtzeburger Dageszeitung publizéiert gouf, gëtt déi aktuell Politik betreffend de Wollef hei zu Lëtzebuerg vun engem Schéifer kritiséiert. Mam „Aktiouns- a Managementplan fir den Émgang mat Wëllef zu Lëtzebuerg“, deen 2017 ausgeschafft gouf, géif ee sech um Terrain als Schéifer eleng gelooss fillen. Weider heescht et, dass „d'Wanderschäfererei“ an hirer jëtzege Form a Gefor wier, wann de Wollef sech zu Lëtzebuerg géif nidderloossen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltege Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Deelt d'Madamm Ministesch d'Aschätzung, dass Efforten an dëser Thematik musse gemaach ginn?

2. Wa jo, wat ass d'Madamm Ministesch gewëllt ze maachen, fir d'Preventioun géint de Wollef ze verbesseren?

3. Ass ugeduecht, den aktuellen „Aktiouns- a Managementplan fir den Émgang mat Wëllef zu Lëtzebuerg“ eventuell ze iwwerschaffen?

**Réponse** (18/05/2022) de Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Déi Aschätzung gëtt net gedeelt. De besoten Aktiouns- a Managementplang ass effektiv 2017

publizéiert ginn<sup>1</sup>, no der Consultatioun vun engem Begleedungscomité mat Verrieder aus staatleche Verwaltungen, awer besonnesch och mat Verrieder vun Ziichter (z. B. dem Daachverband vun de Lëtzeburger Schof- a Geessenziichter, DVLGSZ) a Jeër. An der Praxis funktionéiert d'Ëmsetzung vum Plang gutt.

ad 2. De Wollef ass laut der europäescher wéi och der nationaler Gesetzesgebung (nationaalt modifizéiert Naturschutzgesetz vun 2018<sup>2</sup> a modifizéiert groussherzoglecht Règlement vun 2009<sup>3</sup>) eng integral geschützten Déierenart.

Deemno wier et net legal, eng „Preventioun géint de Wollef“ ze bedreiwen. Par contre gesäit besoten Aktiouns- a Managementplang awer eng ganz Rei vu Preventiounsmoosnamen vir, déi ëmgesat a finanziert kënnen ginn, mam Zil, d'Attacke vum Wollef op Schof a Geessen ze verhënneren oder op d'mannst dätlech ze erschwéieren.

ad 3. Den Aktiouns- a Managementplang ass een dynamescht Dokument, dat duerchass kann iwwerschafft ginn, wann dat néideg sollt sinn. Wéi hei virun ugedeit, funktionéieren de Plang a seng Moosnamen an der Praxis gutt an et besteet momentan keen zwéngenden Handlungsbedarf fir eng Modifikatioun.

#### Offre de services de télécommunications aux réfugiés ukrainiens | Question 6060 (12/04/2022) de Mme Viviane Reding (CSV)

En date du 8 avril 2022, de nombreux opérateurs mobiles européens et ukrainiens ont signé une déclaration conjointe visant à démontrer leur détermination à assurer la connectivité aux réseaux mobiles de ceux qui ont dû s'enfuir de la guerre en Ukraine. L'élément central de la prédite déclaration consiste à offrir gratuitement ou à des tarifs ultra-réduits des cartes SIM et des services de télécommunications aux réfugiés ukrainiens afin que ceux-ci restent connectés à travers l'Europe. POST Luxembourg, principal opérateur national de télécommunication, n'est cependant pas signataire de cette déclaration.

C'est dans ce contexte que je désirerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Communications et des Médias :

- Est-ce que Monsieur le Ministre a eu connaissance de cette déclaration ?

- Le ministre ne pense-t-il pas qu'il est regrettable que POST Luxembourg n'ait pas signé cette déclaration ?

- Quelles sont les raisons pour lesquelles POST Luxembourg n'a pas signé la déclaration mentionnée ci-dessus ?

- Que compte faire le Gouvernement pour assurer la connectivité des réfugiés ukrainiens ?

**Réponse commune** (11/05/2022) de M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

Le Ministre des Communications et des Médias et le Ministre de l'Économie ont fourni les éléments de réponse à ces questions dans le cadre de leur intervention à la Chambre des Députés le 28 avril 2022 suite à la motion de l'honorable Députée relative à l'offre des opérateurs de télécommunication pour les réfugiés en provenance de l'Ukraine.

<sup>1</sup> [https://environnement.public.lu/fr/publications/chasse/bulletin\\_technique\\_BT5.html](https://environnement.public.lu/fr/publications/chasse/bulletin_technique_BT5.html)

<sup>2</sup> <https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2018/07/18/a771/jo>

<sup>3</sup> <https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2009/01/09/n3/jo?msclki=d=147867f7d07d11ecad45ec1fb35cb892>



**Revenus pour personnes gravement handicapées** | Question 6061 (12/04/2022) de **M. Laurent Mosar** | **M. Gilles Roth** (CSV)

Au Luxembourg, il relève de la compétence de la Commission médicale de l'Agence pour le développement de l'emploi (ADEM) d'accorder le statut de salarié handicapé à une personne présentant une capacité réduite de travail. Sous certaines conditions, le salarié handicapé peut en outre se voir attribuer un revenu pour personnes gravement handicapées (RPGH) liquidé par le Fonds national de solidarité (FNS).

D'après la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées, la Commission médicale examine périodiquement si les conditions à la base de ses décisions sont toujours remplies. Il nous revient désormais que dans au moins un dossier, la Commission médicale n'a procédé à la réévaluation du dossier d'attribution du RPGH qu'après dix ans seulement.

C'est dans ce contexte que nous souhaitons poser à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire les questions suivantes :

- Monsieur le Ministre peut-il nous informer à quelle périodicité la Commission médicale réévalue ses propres décisions (en l'absence de demande de révision introduite par le requérant) ?

- Monsieur le Ministre peut-il nous informer du nombre de dossiers pour lesquels le réexamen n'est intervenu qu'après seulement dix ans ?

- Y a-t-il récemment eu une instruction ministérielle, voire une instruction de la direction de l'ADEM de procéder à la réévaluation de dossiers où le paiement du RPGH a pu être considéré par les requérants comme de facto acquis ?

- Les personnes concernées sont-elles dûment informées de ce réexamen (il nous revient en effet que les personnes sont simplement invitées à compléter leurs dossiers, ce qui pourrait les induire en erreur sur la portée des décisions pouvant intervenir par la suite) ?

- De l'avis de Monsieur le Ministre, toute décision de retrait, surtout si elle intervient après une longue période d'inactivité des services de l'ADEM, ne devrait-elle pas être précédée de la faculté offerte à la personne concernée de présenter ses observations par écrit, sinon directement devant la commission en question ?

- Sur quels documents la Commission médicale se base-t-elle (i) pour décider du retrait de la reconnaissance de la qualité de salarié handicapé, voire (ii) pour décider de la diminution de la capacité de travail et de l'état de santé de la personne concernée, condition pour bénéficier du RPGH ?

• Procède-t-elle à sa propre évaluation (i. e. examen par ses propres médecins de la personne concernée) dans chaque dossier individuel ou se fonde-t-elle sur les documents lui transmis, le cas échéant, par la personne concernée (i. e. sur un rapport du médecin traitant de la personne concernée) ?

• Dans combien de dossiers, la Commission médicale s'est-elle uniquement rapportée aux documents transmis par la personne concernée ?

• Monsieur le Ministre peut-il exclure qu'une personne s'est vu retirer le bénéfice du RPGH, alors que pourtant le rapport du médecin traitant faisait une détérioration de l'état de santé de la personne concernée ?

**Réponse** (05/05/2022) de **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Tout d'abord, il convient de préciser que le revenu pour personnes gravement handicapées (RPGH) est réservé à des personnes handicapées présentant un état de santé qui est tel que tout effort de travail s'avère contre-indiqué ou dont les compétences de travail sont si réduites qu'il s'avère impossible d'adapter un poste de travail dans le milieu ordinaire ou protégé à leurs besoins. Ces personnes ne sont donc pas aptes à exercer un emploi salarié.

Dans ce cas, la Commission médicale prend une décision relative à la diminution de la capacité de travail et à l'état de santé de la personne ayant introduit une demande en obtention du revenu pour personnes gravement handicapées. Aucune inscription auprès de l'Agence pour le développement de l'emploi (ADEM) et aucune disponibilité pour l'emploi n'est requise pour l'attribution de ce revenu.

Cependant par exception, peuvent également prétendre à ce revenu, les personnes reconnues comme salariées handicapées, qui, pour des raisons indépendantes de leur volonté, n'ont pas accès à un emploi salarié et disposent de ressources d'un montant inférieur à celui du revenu pour personnes gravement handicapées. Les personnes qui composent cette catégorie de bénéficiaires sont donc aptes à exercer un emploi salarié et sont tenues de rester inscrites comme demandeurs d'emploi auprès de l'ADEM et de rester disponible pour le marché de l'emploi.

Dans ce cas et à part la décision préalable portant reconnaissance de la qualité de personne handicapée au requérant, aucune autre décision de la Commission médicale n'est requise pour l'attribution du revenu. (Pour meilleure compréhension, ce revenu sera par la suite abrégé RPGH 28.2.)

Le revenu pour personnes gravement handicapées est effectivement liquidé par le Fonds national de la solidarité (FNS) mais les conditions d'attribution y liées peuvent donc être différentes selon la catégorie de personnes concernées. Le fait que le revenu octroyé porte le même nom peut effectivement porter à confusion auprès des bénéficiaires.

La Commission médicale ne réexamine pas ses propres décisions à une périodicité préétablie.

Il se peut cependant que la qualité de salarié handicapé soit reconnue à titre transitoire. Dans ce cas, les personnes concernées sont invitées à introduire une nouvelle demande accompagnée de pièces médicales justificatives en vue de la prolongation ou de la reconnaissance définitive de leur statut.

Il n'existe donc aucun dossier relatif à un réexamen intervenu après une période de dix ans.

À l'heure actuelle, il n'existe aucun échange de données automatique entre l'ADEM et le FNS concernant les bénéficiaires du RPGH 28.2 soumis à la condition d'inscription comme demandeur d'emploi et de disponibilité pour un emploi. L'ADEM doit donc identifier individuellement les bénéficiaires dont le dossier de demandeur d'emploi est clôturé afin d'informer le FNS qu'une des conditions pour le maintien du bénéfice du RPGH 28.2 n'est plus remplie.

Un système d'alerte au niveau du système informatique de l'ADEM a dû être mis en place. C'est au moment de l'implémentation de cette alerte dans le système informatique qu'un certain nombre d'anomalies ont été détectées. Il a été remarqué que des bénéficiaires du RPGH 28.2 n'étaient plus inscrites à l'ADEM.

La direction de l'ADEM a averti le FNS de cette situation et a décidé de contacter les personnes concernées afin de leur proposer de régulariser leur dossier sans que cela n'ait de conséquences rétroactives négatives sur le paiement du RPGH 28.2.

Ces personnes ont été invitées à une séance d'information afin de leur expliquer quel type de revenu leur avait été attribué, quelles conditions y sont liées et elles ont pu régulariser leur dossier de demandeur d'emploi. Les conséquences de la non-régularisation de leur dossier leur ont été expliquées personnellement.

Les personnes qui ne se sont pas présentées au premier atelier prévu ont été invitées une nouvelle fois. La convocation précisait bien que si aucune régularisation du dossier n'est entamée, l'ADEM se verrait obligée de transmettre l'information au FNS en vue d'une décision quant à la continuation du paiement du RPGH 28.2.

Aucun réexamen des reconnaissances de la qualité de salarié(e) handicapé(e) acquises aux bénéficiaires n'a été entamée suite à ce contrôle.

Pour décider de la diminution de la capacité de travail, la Commission se base sur les rapports transmis par les personnes qui demandent le statut de salarié handicapé ou le RPGH.

Par ailleurs, si les requérants sont sans emploi, la Commission médicale exige un avis médical du médecin du travail de l'ADEM.

Si les requérants au statut de salarié handicapé sont salariés auprès d'une entreprise légalement établie au Grand-Duché, une fiche d'aptitude fait partie de l'examen des pièces médicales.

En outre, la Commission médicale peut se faire communiquer par le requérant, par un expert ou par des organismes de la sécurité sociale toute pièce qu'elle juge utile ou indispensable pour se prononcer sur la reconnaissance de la qualité de salarié handicapé du requérant.

La Commission médicale peut en outre procéder à sa propre évaluation des données médicales. Dans ce cas, la Commission médicale convoque le requérant pour l'interroger ou l'examiner dans un cabinet médical mis à disposition de l'ADEM.

La Commission médicale n'effectue pas de statistiques pour déterminer sur quelles pièces elle se base pour prendre sa décision.

Depuis l'entrée en vigueur de la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées, aucune personne ne s'est fait retirer le bénéfice dudit revenu qui dès le départ avait été accordé à vie par la Commission médicale à moins qu'il n'en ait fait la demande expresse.

**Déménagement de réfugiés ukrainiens** | Question 6062 (12/04/2022) de **M. Sven Clement** | **M. Marc Goergen** (Piraten)

De 5. Abrëll huet den Här Bausseminister matgedeelt, dass déi geflüchte Persounen aus der Ukrain, déi bis dohin an der Hal 7 vun der Luxexpo ënnerbruecht waren, missten aus därer erausplënnere, an dass fir si eng Zeltstruktur um Kierchbiërg geif opgebaut ginn. Wéi de „Quotidien“ haut am Artikel „Réfugiés : le hall 7 rendu à Luxexpo pour l'International Dog Show“ matdeelt, ass op d'mannst ee vun de Grënn, aus deem d'Leit deplacéiert goufen, dass dese Weekend an den Hale vun der Luxexpo d'„Dog Show“ stattfënn. Een Event, wat an der Vergaangenheet schonn duerch Déieremësshandlungen opgefall ass.



An deem Zesammenhang wéilt mir dem Minister fir Immigration an Asyl dës Froe stellen:

1. Laut „Quotidien“ huet den Ausseministère follgendermoossen dozou Stellung geholl : « [I] n'a pas été possible de maintenir le hall 7 en tant que structure de primo-accueil d'urgence au-delà du 11 avril, eu égard à différents engagements souscrits de longue date par les exploitants de la Luxexpo. »

Kann de Minister bestätegen, dass d'„International Dog Show“ ee vun deenen Evenementer ass, déi d'Luxexpo als Grond fir den Déplacement uginn huet?

2. Steet de Ministère weiderhin a Kontakt mat der Luxexpo, fir dës Halen zu engem spéideren Zäitpunkt eng weider Kéier ze lounen?

3. Wéi steet de Minister dozou, dass hei ronn 300 Leit deplacéiert ginn, fir eng Dog Show?

**Réponse** (12/05/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre de l'Immigration et de l'Asile

D'Hal 7 vun der Luxexpo konnt net iwwert den 11. Abrëll eraus gehale ginn, well d'Bedreier vun der Luxexpo an deenen nächste Wochen a Méint verschidde laang geplangten Engagementer ze respektéieren hunn. Fir eng Opnamestruktur ass et wichteg, dass si op mëttel- a laangfristeg Dauer disponibel ass, an dowéinst huet d'Regierung entscheet, eng nei Struktur um Site Tony Rollman um Kierchbierg op d'Been ze stellen als Ersatz fir d'Hal 7 vun der Luxexpo.

D'Hal 6 vun der Luxexpo („Structure d'hébergement d'urgence Kirchberg“; SHUK) steet weiderhin zur Verfügung als Opnamestruktur fir Persounen, déi aus der Ukrain flüchten.

### Expulsions en matière de bail à usage d'habitation | Question 6064 (14/04/2022) de Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)

Après deux suspensions justifiées par les effets de la pandémie de la Covid-19 en 2020 et 2021, l'exécution des déguerpissements ordonnés en matière de bail à usage d'habitation a repris depuis le 1<sup>er</sup> avril 2021.

Dans la réponse à ma question parlementaire n° 4396 du 2 juin 2021, Madame et Monsieur les Ministres ont fourni les détails sur le nombre des procédures entamées et des condamnations à déguerpir prononcées suite à la reprise des déguerpissements en 2021 ainsi qu'un comparatif permettant d'apprécier l'évolution des chiffres depuis l'année 2011.

Alors que la hausse de plus en plus prononcée des prix immobiliers et des loyers constitue une charge financière souvent insupportable pour beaucoup de ménages, l'explosion de prix de l'énergie notamment pour le chauffage est devenue un fardeau supplémentaire pour un grand nombre de ménages.

Les ménages-locataires sont les premières victimes de cette évolution et il est dans ce contexte que je voudrais demander à Monsieur le Ministre du Logement et Madame la Ministre de la Justice une mise à jour des chiffres concernant les déguerpissements ordonnés en matière de bail à usage d'habitation :

1) Combien de procédures pour obtenir une autorisation d'expulsion en matière de bail à usage d'habitation sont actuellement en cours devant les justices de paix ?

2) Combien de procédures d'autorisation d'expulsion ont été traitées par les justices de paix depuis juillet 2021 ?

3) Combien de condamnations à déguerpir ont été prononcées par les justices de paix depuis juillet 2021 ?

4) Dans combien de cas depuis juillet 2021 le juge de paix a-t-il accordé un sursis à l'exécution de la décision de déguerpissement ?

Vu la pénurie des matériaux de construction qui perdure depuis plusieurs mois déjà à la suite des effets économiques de pandémie de la Covid-19, de nombreux chantiers de construction de logements ont pris un retard important. Ces retards accentuent la pénurie de logements et peuvent placer des ménages-locataires à la recherche d'un nouveau logement dans des situations difficiles. Plus encore, les locataires ayant résilié leur bail à loyer dans l'attente de pouvoir déménager dans un logement nouvellement construit (soit en tant que propriétaire ou locataire) peuvent se retrouver sans logement au cas où ils sont forcés de quitter leur habitation.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Madame et Monsieur les Ministres :

5) Madame et Monsieur les Ministres sont-ils conscients du problème prémentionné ?

6) Dans l'affirmative, disposent-ils de chiffres ou d'informations permettant de connaître l'envergure de cette problématique ?

**Réponse commune** (18/05/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre du Logement | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

La question parlementaire n° 6064 de Madame la Députée Nathalie Oberweis, posée dans la continuité de la question parlementaire n° 4396 du 2 juin 2021, demande une mise à jour des chiffres fournis dans le cadre de la question parlementaire n° 4396, et ce dans le contexte de l'amélioration de la situation pandémique ainsi que dans le contexte actuel de la hausse de plus en plus prononcée des prix immobiliers et des loyers qui constitue une charge financière souvent insupportable pour beaucoup de ménages et l'explosion de prix de l'énergie notamment pour le chauffage.

ad 1) (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Les chiffres indiqués incluent les procédures pendantes à un déguerpissement des locataires/occupants.

ad 2) (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 3) (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Il est précisé que ce nombre inclut les procédures pendantes à un déguerpissement des locataires/occupants.

ad 4) (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 5) Oui, la Ministre de la Justice et le Ministre du Logement sont bien conscients du problème soulevé par la députée.

ad 6) À l'heure actuelle, le Gouvernement ne dispose pas de chiffres permettant d'évaluer toute l'envergure de cette problématique.

### Vente des parts Luxair par la BIL | Question 6065 (14/04/2022) de M. Fred Keup | M. Fernand Kartheiser (ADR)

D'Kris am Persouneloftverkéier duerch d'Covidpandemie huet dozou gefouert, datt d'Banque internationale à Luxembourg envisagéiert, fir hir Undeeler un der nationaler Fluchgesellschaft ze verkafen, an dat trotz dem Zukunftspang, op dee sech déi sektoriell Tripartite gëeent hat an deen en Ofbau vun Arbeitsplätze bei der Luxair bis Enn 2023 verbitt. Der BIL gehéieren am Ablack 13,14 Prozent vun den Undeeler, dem Lëtzebuerger Staat 39 Prozent. De Staat ass sengersäits mat 10 Prozent un der BIL bedeelegt. Fir déi ronn 3.000 Salarieë vun der nationaler Fluchgesellschaft steet an dëser Saach also vill um Spill.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un den Här Wirtschaftsminister an un d'Madamm Finanzminister:

1. Wier de Staat bereet, fir d'Parte vun der BIL ze iwwerhuelen, wann d'BIL déi verkafe géif?

2. Wéi huet d'Regierung sech positionéiert, wéi d'BIL de méigleche Verkauf vun hire Luxair-Aktien ugekënnegt huet?

3. Ass d'Regierung bereet, déi Fro nach eemol am BIL-Verwaltungsrot ze thematiséieren?

**Réponse commune** (16/05/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Déi honorabel Deputéierte stelle Froe mat Bezug op en eventuelle Verkauf vun der BIL hirer Participatioun vun 13,14 % am Kapital vun der Luxair.

D'Bank huet an der Press confirméiert, dass keng Decisioun geholl gouf, wat de Verkauf vun där Participatioun ugeet.

Am Fall wou d'Bank, déi reegelméisseg hir Investissementer a Participatiounen iwwerpréift, hir Participatioun an der Luxair verkafen wéilt, hätten de Staat an all aner Aktionäre vun der Luxair e Verkafsrecht. De Staat positionéiert sech zu deem Sujet, falls eng offiziell Demarche an deem Sënn ënnert de Statute vun der Luxair géif gemaach ginn.

### Augmentation des intérêts des prêts immobiliers | Question 6066 (15/04/2022) de M. Marc Spautz (CSV)

Déi lescht Méint konnt een um Immobiliemarché eng signifikant Hausse vun den Zënsen op den Immobiliëpréiten observéieren, wat en direkten Impakt op d'finanziell Situatioun vun de betroffene Léit huet an dës an Zäite vun héijen Energiepräisser nach eng Kéier zousätzlech belaauscht. Obwuel déi Europäesch Zentralbank de Leetzens nach net gehuewen huet an och net wëlles huet, dëst déi nächst Zäit ze maachen, ass awer dovunner auszegoen, dass d'Zënsen op den Immobiliepréite weider klamme wäerten.

An dësem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Madamm Finanzministesch an un den Här Wunnungsbauminister stellen:

- Wëssend, dass de Leetzens am Euroraum op engem historeschem Déif ass an an absebarer Zäit aller Viraussicht no och net gehuewe wäert ginn, wat sinn d'Grënn fir d'Hausse vun den Zënsen op den Immobiliëpréiten?

- Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir deene betroffene Léit finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen?



**Réponse commune** (17/05/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | **M. Henri Kox**, Ministre du Logement

Et ass net un der Finanzministesch, sech zu der Zënsopolitik vun der Europäescher Zentralbank ze äusseren, déi dës onofhängeg bestëmmt, esou wéi dat an den europäeschen Traitéë virgesinn ass. Et ass och net un der Finanzministesch, fir d'Präispolitik vun de Banken ze kommentéieren oder sech doranner anzemëschen.

An engem Communiqué vum 12. Mee 2022 huet d'Lëtzebuerger Zentralbank awer eng Rei Donnéeë publizéiert, déi weisen, dass d'Zësen, déi d'Banken hire Clienten offréieren, zwar e bësse geklomme sinn, mä weider, historesch gesinn, op engem nidderegen Niveau bleiwen.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

Den Taux vun engem Immobilieprêt gëtt net eleng duerch de Leetzëns, mee och duerch eng ganz Rei aner Facteure bestëmmt. D'Banken kucken hei notament déi allgemeng Evolutioun vun den Zësen op de Finanzmäert, de Risikoprofill vum Client, d'Lafzäit vum Prêt an och den Apport personnel.

Wat den Impakt vun der Evolutioun vun den Tauxen op d'Clienten ugeet, déi ee Prêt immobilier hunn, muss een den Ënnerschied maachen tëscht deene Leit, déi ee Prêt mat Taux fixe hunn, an deenen, déi ee mat Taux variable hunn. Fir Leit, déi sech fir een Taux fixe entscheet hunn, ännert sech näischt, wann d'Zësen erop- oder erofginn.

Banken, déi Immobiliekreditter verginn, maache fir all Dossier mat Taux variable Simulatiounen mat steigenden Zësen, fir sécherstellen, dass de Clienten hir Capacité de remboursement och am Fall vu méi héijen Zësen garantéiert ass. Ass dëst net de Fall, dann accordéiert d'Bank de Prêt am Reegelfall net. Zum engen, fir de Client virun enger Iwwerverschëldung, zum aneren, fir sech selwer virun engem Kredittausfall ze schützen. Dëst si Reegelen, déi d'Banken müssen am Kontext vun der „Mortgage Credit Directive“, esou wéi se an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung ëmgesat gouf, anhalen.

Generell ass et net d'Roll vu Regierung, fir eventuell Zënshaussen oder Zënssbaiss vum der Zentralbank ze kompenséieren. Et ass an dësem Kader dorop hinweisen, datt et vum Wunnungsbauministère eng Rei Aidé gëtt, déi u sozial Krittere gebonne sinn, fir de Leit den Zougang zur Wunnproprietéit ze erliichteren. Hei gëtt et notament och eng Zënssubventioun, déi ausbezuelet gëtt jee no Héicht vum Akommes a vun der Zesummesetzung vum Stot.

**Sécurité des systèmes de communication** | Question **6068** (15/04/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

GPS-Systemer gehéiere mëttlerweil zum alldeegleche Liewen, sief dat am Secteur vun der Schëfffaart, der Fligerei, an eisen Autoen oder an Handyen. De Krich an der Ukrain wéisst awer, wéi ufälleg dës Kommunikationsform ka sinn. D'EASA, d'Europäesch Fluchsicherheitsagentur, huet am März gemellt, dass et a verschiddenen europäesche Regiounen zu Ausfall vum GPS koom. Dëst zum Beispill am Méttelmierraum bei Zypern awer och bei Finnland. Zu Lëtzebuerg ass den Haut-Commissariat à la protection nationale zoustänneg fir de Schutz vu kriteschen Infrastrukturen. D'Satellitekommunikatioun fällt och

ënnert dës kritesch Infrastrukturen, déi am Règlement grand-ducal vum 21. Februar 2018 definéiert sinn an déi an engem Noutfall müssen ofgeséichert sinn.

An deem Zusammenhang wëllt ech dem Premierminister a Minister fir Kommunikatioun a Medien dës Froe stellen:

1. Awéifern géif en Ausfall vum GPS-System sech op d'Sécherheet vu lëtzebuergesche kriteschen Infrastrukturen auswirken?

2. An der Äntwert op d'Fro N° 3533 huet de Minister erkläert:

„Et ass net esou, datt ee Sécherheets- a Kontinuitéitsplang fir e ganze Secteur ausgeschafft gëtt, ma et ass un dem eenzelne Bedreier vun enger kritescher Infrastruktur, esou ee Plang opstellen an dem HCPN d'Moossname fir de Schutz, d'Kontinuitéit, d'Resilienz an de Krisenmanagement fir seng kritesch Infrastruktur matzedelen. [...] Speziell wéinst der Cybermenace huet all Bedreier vun enger kritescher Infrastruktur d'Méiglechkeet, fir mam GovCERT zesummenzeschaffen.“

Goufen och fir de Secteur vun der Satellitekommunikatioun Sécherheets- a Kontinuitéitspläng ausgeschafft? Gesäit de Minister mam Hannergrond vun de russeschen Ugrëffer op d'Ukrain ee Besoin, fir dës Pläng nei ze evaluéieren? Wa jo, a wéi enger Form?

3. Huet Lëtzebuerg e Backup-System, deen am Land selwer lokaliséiert ass?

4. Falls dëst net de Fall ass, gesäit de Minister ee Besoin, fir esou ee Backup opstellen? Notament iwwert de 5G?

5. Gouf et an dësem Dossier eng Kooperatioun mat aneren europäesche Länner? Wa jo, a wéi enger Form?

**Réponse** (11/05/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Communications et des Médias

ad 1. Et gëtt véier global Satellitennavigatiounssystemer (Global Navigation Satellite Systems - GNSS): de GPS, de GLONASS, de BeiDou an de Galileo. De Galileo ass den europäesche GNSS a gëtt vun enger europäescher Agence mat Sëtz zu Prag bedriwwen. De Servicecenter ass zu Madrid an seng zwee Buedemkontrollzentren sinn zu Fucino an Italien, respektiv Oberpfaffenhofen an Däitschland. Dës suerge fir ee géigesäitege Backup. Aner Galileo-Buedemstatiounen gëtt et an der Belsch, a Frankräich an an Holland. De Galileo gouf entwéckelt als Alternativ zum amerikanesche GPS-System an zum russesche GLONASS. De Galileo an de GPS sinn interoperabel.

All Bedreier vun enger kritescher Infrastruktur muss analyséieren, vu wéi enge Ressourcen de Fonctionnement vun senger kritescher Infrastruktur ofhänkt an den Impakt vun hirem Ausfall evaluéieren. Deement-sprechend müssen déi néideg Sécherheets- a Kontinuitéitsmoossnamen (z. B. Redondancen) geholl ginn. Equipementer fir de Gebrauch vu GNSS-Informatiounen fir d'Geolocalisatioun (Navigatioun, Bestëmmung vu Positioun) a fir d'Zäitbestëmmung kënnen och ënner esou Ressourcë falen.

Wann eng GNSS-Ressource bei enger kritescher Infrastruktur am Asaz ass, wat bei ville kriteschen Infrastrukturen net de Fall ass, heescht dat net, dass d'Infrastruktur dovunner kritesch ofhängeg ass, mee an deem Fall bleiwen déi konventionell (net op Satellitekommunikatioun baséiert) Instrumenter fir d'Navigatioun, d'Positionéieren oder d'Auerzäit entwedeer als Haaptinstrument, Redondance oder Kontingenz bestoen.

Déi méiglech Auswierkunge vun engem Ausfall vun engem GNSS-System op d'Sécherheet vu lëtzebuergesche kriteschen Infrastrukturen ginn als net kritesch agestuift.

ad 2. D'Äntwert op d'Fro N° 3533 ass nach ëmmer richteg a gëllt och fir de Secteur vun der Satellitekommunikatioun. D'Sécherheets- a Kontinuitéitspläng hunn net nëmmen eng Approche vu Risikomanagement mee och eng vu Kontinuitéitsmanagement. Doduerch entwéckelen d'kritesch Infrastrukturen eng gutt Resilienz géint iwwer Verännerunge vu Geforen. Donieft offréiert de GovCERT de Bedreier vu kriteschen Infrastrukturen eng Zesummenaarbecht, fir hir Cybersécherheet ze stäerken, woubäi och op Ännerungen an der Cybermenace direkt reagéiert gëtt.

ad 3. + 4. All Bedreier vun enger kritescher Infrastruktur huet e Backup-System, dat heescht mindestens eng alternativ Méiglechkeet, fir dass seng kritesch Infrastruktur weider funktionéiert, wann d'GPS-Signal fir d'Geolocalisatioun an d'Zäitbestëmmung net méi do ass. Un Effikassitéit geet näischt verluer, méiglecherweis hält d'Effizienz vun deem engem oder anere Prozess of.

ad 5. Den HCPN kooperéiert mat anere Kontaktpunkte fir kritesch Infrastrukturen an der EU am Kader vun der Direktiv 2008/114/CE iwwer europäesch kritesch Infrastrukturen.

**Obligation de publication des comptes annuels au Registre de commerce et des sociétés** | Question **6069** (15/04/2022) de **M. Laurent Mosar** | **Mme Octavie Modert** (CSV)

D'après un article récemment paru dans la presse, la filiale luxembourgeoise de la Gazprombank russe n'aurait plus publié ses comptes annuels au RCS depuis 2018. Même si le régulateur financier luxembourgeois, CSSF, ne semble pas s'en préoccuper, le droit des sociétés luxembourgeois commande toutefois le dépôt annuel desdits comptes au RCS. À défaut, la société pourrait même être mise en liquidation, sur demande du ministère public. En plus, les mandataires sociaux risquent de lourdes amendes.

Au vu de ce qui précède, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame le Ministre de la Justice :

1) Madame le Ministre peut-elle m'exposer en détail les sanctions administratives et pénales auxquelles s'expose une société et ses dirigeants en cas de non-dépôt dans les délais des comptes annuels d'une société luxembourgeoise ?

2) Madame le Ministre peut-elle m'informer sur le nombre de sociétés immatriculées auprès du RCS qui n'ont pas procédé dans les délais de leurs comptes pour les années comptables 2021 et 2020 ? Combien de sociétés n'ont plus déposé de comptes depuis au moins deux ans ?

3) Suivant quels paramètres le ministère public demande-t-il la mise en liquidation de telles sociétés ?

4) Madame le Ministre dispose-t-elle d'informations sur l'ouverture d'une éventuelle enquête/instruction judiciaire à l'encontre des mandataires sociaux de l'entité visée dès l'ingrès ?

**Réponse** (12/05/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

ad 1) L'article 1500-2 de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales, telle que modifiée, sanctionne les gérants et les administrateurs pour la non-publication des comptes sociaux d'une amende de 500 à 25.000 EUR.



L'article 1200-1 de cette loi donne la possibilité (« peut ») au tribunal d'arrondissement siégeant en matière commerciale, à la requête du procureur d'État, de prononcer la dissolution et d'ordonner la liquidation de toute société [...] qui « poursuit des activités contraires à la loi pénale ou qui contrevient gravement aux dispositions du Code de commerce ou des lois régissant les sociétés commerciales, y compris en matière de droit d'établissement ».

La non-publication des comptes sociaux dans le délai légal constitue a priori un tel manquement grave qui permet au tribunal d'arrondissement siégeant en matière commerciale de prononcer la liquidation de la société. Cependant, il n'est pas exceptionnel qu'entre la requête du procureur d'État et le jour de l'audience, voire le prononcé de la décision par la juridiction commerciale, les dirigeants « régularisent » la situation en procédant aux publications en souffrance. Dans ce cas la jurisprudence récente de la Cour d'appel (arrêt n° 152/21 IV-COM - 14-12 2021 numéro CAL-2021-00436 du rôle) pose le principe qu'il peut être tenu compte de cette « régularisation » dans l'appréciation de la gravité du manquement à la loi sur les sociétés commerciales et ainsi rejeter une demande en dissolution et en liquidation.

ad 2) L'article 75 de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises impose aux entreprises, soumises à l'obligation de déposer leurs comptes annuels au registre de commerce et des sociétés (RCS), d'effectuer leur dépôt de comptes annuels dans le mois de leur approbation et au plus tard sept mois après la date de clôture de l'exercice social.

En ce qui concerne les exercices sociaux courant pour l'année 2021, le délai légal maximal de dépôt n'étant pas encore arrivé à échéance, ce délai étant le 31 juillet 2022, les statistiques qui pourraient être livrées ne donneraient qu'une vue partielle et probablement faussée de la situation. En revanche et s'agissant de l'exercice social pour l'année 2020, le délai légal maximal pour déposer les comptes annuels au RCS ayant pour terme le 31 juillet 2021 inclus, les statistiques sont disponibles.

Ainsi, il ressort de la base de données du RCS que 51,17 % des entités soumises à l'obligation de déposer leurs comptes annuels au RCS pour l'année 2020 ont effectué leur dépôt en dehors du délai légal prescrit, ce malgré le fait que tout retard dans les dépôts de comptes annuels est soumis à une majoration des frais administratifs de dépôt.

Enfin et en réponse à la dernière question posée, 13,57 % des entités sur lesquelles pèse une obligation de dépôt de comptes annuels n'ont pas effectué de dépôt de comptes annuels pour les années 2019 et 2020.

ad 3) En ce qui concerne la situation dans l'arrondissement judiciaire de Diekirch :

En ce qui concerne la poursuite des gérants et administrateurs qui ont négligé de procéder à la publication des comptes sociaux, il est essentiellement procédé par le biais de l'ordonnance pénale. Une poursuite de cette infraction si elle est en concours avec d'autres infractions pour lesquelles des peines plus lourdes sont prévues n'est pas systématique.

Le nombre de liquidations judiciaires prononcées par le tribunal de commerce de Diekirch (essentiellement pour non-dépôt des comptes sociaux sur plusieurs années et pour absence de siège social effectif) a été de 89 en 2020 et de 189 en 2021.

Cette augmentation coïncide essentiellement avec l'augmentation du nombre de requêtes en liquidation

judiciaire déposées suite à la constatation d'infractions graves à la loi sur les sociétés commerciales dans le cadre des vérifications diligentées en marge de la mise en œuvre de la loi instituant le registre des bénéficiaires effectifs.

Pour ce qui est de la situation de la liquidation des établissements de crédit il y a lieu d'avoir égard à la loi (modifiée) du 18 décembre 2015 (cf. notamment art. 129 qui prévoit la possibilité d'une liquidation en cas de retrait d'agrément). Cet aspect, dérogeant du droit commun, ne concerne pas l'arrondissement judiciaire de Diekirch qui n'a pas de compétence territoriale dans la matière.

En ce qui concerne la situation dans l'arrondissement judiciaire de Luxembourg :

Pour les gérants et administrateurs qui n'ont pas procédé endéans les délais à la publication des bilans de leurs sociétés, 15 condamnations définitives sont intervenues en 2019, 13 en 2020 et 31 en 2021. À noter toutefois qu'une liquidation ou dissolution de la société ainsi qu'une régularisation de la situation sont pris en compte dans le cadre de l'opportunité des poursuites.

En ce qui concerne maintenant la mise en liquidation de sociétés pour non-publication de leurs bilans et/ou pour absence de siège effectif, 853 jugements ont été rendus par la chambre du tribunal d'arrondissement siégeant en matière commerciale en 2020 et 857 en 2021.

À noter également que le Parquet de Luxembourg dispose en date de ce jour d'un « stock » de 4.284 dossiers en attente d'être fixés à une audience. En prenant en considération qu'une audience de la 6<sup>e</sup> chambre du tribunal d'arrondissement siégeant en matière commerciale par semaine est réservée aux requêtes en liquidation du parquet et que pendant cette audience 25 affaires sont évacuées, les dossiers en attente équivalent à 171 audiences, soit 171 semaines.

En ce qui concerne la liquidation des établissements de crédit qui relève de la compétence territoriale du Parquet de Luxembourg une seule affaire qui remonte à 2018 peut être relevée. Il y a toutefois lieu de préciser que dans ce cas d'espèce les manquements reprochés à l'établissement bancaire en cause n'étaient pas relatifs à une non-publication de bilans.

ad 4) L'entité visée en l'espèce a régularisé sa situation entre-temps et a déposé tous les comptes sociaux manquants auprès du Registre de commerce et des sociétés - en date du 15 avril 2022 en ce qui concerne les années comptables 2019 et 2020, et en date du 20 avril 2022 en ce qui concerne l'année comptable 2021.

Il est important de noter que le Ministère de la Justice est conscient que le système actuel appliqué aux entités qui sont en manquement de leurs obligations légales de dépôt/déclaration auprès du RCS nécessite des améliorations. À ces fins, le projet de loi 7961 modifiant : 1<sup>o</sup> la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le Registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ; 2<sup>o</sup> la loi modifiée du 13 janvier 2019 instituant un Registre des bénéficiaires effectifs introduisant des sanctions administratives prononcées par le LBR a été déposé en janvier 2022.

Ce projet de loi prévoit des réponses graduées quant à la violation des obligations de publication et la mise à jour des données, qui peuvent être réparties en trois phases :

- une phase préventive lors de laquelle Luxembourg Business Registers (LBR), gestionnaire du RCS va

prévenir l'entité visée que les données fournies ou leurs dépôts doivent être renouvelés prochainement ou ne sont plus à jour ;

- une phase coercitive au cours de laquelle des mesures administratives sont appliquées et prononcées par LBR (p. ex. avertissements publiés sur le site Internet, amendes administratives graduées, radiation d'office). Ces sanctions administratives se cumulent entre elles. En cas de régularisation du dossier par l'entité, ces sanctions, à l'exception de l'amende due, seront supprimées ;

- une phase répressive avec transmission au parquet en vue d'une procédure de dissolution administrative sans liquidation (qui fait l'objet du projet de loi 6539B), voire de dissolution judiciaire.

#### **Programme d'aides et de soutien aux entreprises nécessitant le plus d'énergie | Question 6070 (19/04/2022) de M. Laurent Mosar (CSV)**

Suite à la hausse historique des prix de l'énergie et afin de limiter voire d'atténuer l'impact financier sur les entreprises les plus énergivores au Luxembourg, le Gouvernement luxembourgeois a annoncé la mise en place d'un programme d'aides et de soutien aux entreprises nécessitant le plus d'énergie. Par ailleurs, la Commission européenne a déjà approuvé ce projet qui est d'une envergure de 500 millions d'euros. Cependant, selon un article très récent publié dans la presse luxembourgeoise, le programme d'aides aux entreprises prévu ne profiterait dans sa conception prévue qu'à neuf entreprises au maximum au Luxembourg.

C'est dans ce contexte que je souhaiterais adresser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie :

- Selon Monsieur le Ministre, combien d'entreprises pourraient profiter de ce paquet d'aides ?

- Monsieur le Ministre estime-t-il que le programme d'aide annoncé soit suffisant pour tenir compte des coûts énergétiques des entreprises les plus consommatrices d'énergie ?

- Que compte faire Monsieur le Ministre pour les entreprises qui ne pourront pas bénéficier de l'aide en question mais qui restent très énergivores ?

**Réponse commune (19/05/2022) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie**

Le Gouvernement a récemment adopté le projet de loi instaurant un régime d'aides dans le contexte du système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre pour la période 2021-2030. C'est ce futur régime d'aides qui a été approuvé par la Commission européenne, conformément à l'article 108 du Traité sur le fonctionnement de l'UE.

Pour rappel, le système d'échange de quotas entraîne un risque de fuite de carbone pour les entreprises actives dans certains secteurs et sous-secteurs électro-intensifs. En raison de la répercussion des coûts des émissions directes sur le prix de l'électricité pour ces entreprises, elles pourraient délocaliser leur production vers des pays tiers plus laxistes en matière environnementale ou, si elles répercutent ces coûts sur leurs clients, voir leurs produits remplacés sur le marché par des produits importés depuis ces pays tiers.

Cet effet irait à l'encontre des objectifs poursuivis par l'Union européenne en matière de lutte contre le réchauffement climatique. Ainsi, pour pallier à ces risques et préserver la compétitive de l'industrie européenne, les États membres peuvent adopter des



mesures financières de soutien en faveur de ces secteurs et sous-secteurs, dans le respect des règles relatives aux aides d'État de l'Union européenne. Les secteurs éligibles ont été déterminés par la Commission européenne et il est estimé qu'au Luxembourg une dizaine d'entreprises pourront potentiellement bénéficier de ce nouveau régime d'aide. Comme l'impact budgétaire dépend de l'évolution du prix du CO<sub>2</sub>, le Gouvernement s'est doté d'un budget annuel important de 50 millions d'euros sur dix ans.

Ce futur régime d'aides auquel l'honorable Député fait référence ne représente cependant qu'une de trois aides temporaires à court terme énumérées dans l'accord tripartite. Si ce régime vise avant tout à compenser les surcoûts liés au système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre, deux autres régimes d'aides prévus par l'accord tripartite ciblent plus particulièrement la hausse des prix de l'énergie.

Le premier de ces régimes prévus dans l'accord tripartite est un régime de garantie qui permettrait aux entreprises d'accéder plus facilement à des prêts bancaires, afin de faire face à d'éventuels problèmes de liquidités en rapport avec l'impact de la guerre en Ukraine. Dans ce contexte, l'État pourra émettre jusqu'à la fin de l'année des garanties à hauteur de 500 millions d'euros au maximum. Le projet de loi mettant en place ce régime suit actuellement la procédure législative.

Le deuxième régime annoncé dans le cadre de l'accord tripartite prévoit deux types d'aides :

- La première de ces aides aura pour objectif de compenser partiellement le surcoût auquel font face toutes les entreprises à forte intensité énergétique. Du fait de leur grande consommation en produits énergétiques, les coûts opérationnels de ces entreprises augmentent avec la hausse des prix du gaz et de l'électricité. Avec cet instrument à mettre en place, l'ensemble des entreprises grandes consommatrices d'énergie pourront ainsi bénéficier d'une aide.

- La deuxième aide visera à soutenir les entreprises opérant dans des secteurs qui présentent une forte dépendance au gasoil utilisé comme carburant, par exemple parce que les déplacements et les livraisons représentent une part importante de leur activité économique. Il s'agit ainsi de soutenir notamment des activités telles que le transport routier de fret et les entreprises artisanales des secteurs de l'alimentation et de la construction.

En complément des aides temporaires à court terme mentionnées ci-dessus, l'accord tripartite prévoit encore plusieurs mécanismes d'aides à court et moyen terme en matière de transition énergétique qui sont en cours d'élaboration et dont pourront profiter toutes les entreprises, notamment les entreprises énergivores, mais pas exclusivement.

L'accord tripartite prévoit ainsi une panoplie d'instruments qui permettent de soutenir temporairement les entreprises fortement impactées par la hausse des prix de l'énergie, ainsi que des instruments à court et moyen terme supportant toutes les entreprises dans leurs efforts dans le cadre de la transition énergétique, tout en respectant les dispositions européennes en matière d'aides d'État.

**Décompte dans le cadre de l'assurance-dépendance | Question 6072 (19/04/2022) de M. Fred Keup (ADR)**

Mittlerweile ass et schwéier nozevollzéien, wie bei engem Fleegefall oder an engem Heem fir wat fir Leeschtungen opkënn. Grad esou schwierig ass et

fir déi Persoun, déi op dës Hëllefleeschungen ugewisen ass, fir d'Qualitéit vum Service ze kontrolléieren a fir ze kucken, ob déi vun de verschiddenen Déngschtleeschter verrechent Leeschtungen och all erbruecht si ginn. Duerfir hätt ech dës Froen:

1. Wier et méiglech, de betraffene Persounen, déi am Kader vun der Fleegeversécherung vu Prestatiounen profitéieren, um Enn vum Mount oder Joer ee Relevé ze ginn mat alle Prestatiounen, déi an där Period gelescht gi sinn, respektiv vun der Fleegeversécherung iwwerholl gi sinn?

2. Gëtt an den Heemer vun der Fleegeversécherung kontrolléiert, ob déi a Rechnung gestallte Prestatiounen och tatsächlech gelescht goufen?

3. Gi bei Kontrollen och mol Verstéiss festgestallt a wa jo, ëm wéi eng an wéi vill Verstéiss handelt et sech an de leschten dräi Joer?

**Réponse commune (20/05/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration**

ad 1. De Beneficiaire vun der Fleegeversécherung kritt mat der Decisioun vun der Gesondheetskeess eng Kopie vun der „synthèse de prise en charge“. Dëst Dokument detailléiert all Prestatiounen déi de Beneficiaire vun der Fleegeversécherung iwwerholl kritt an entsprécht deem, wat de Prestataire ka fakturéieren. Ze erwänen ass och, dass de gréissten Deel vun de Leeschtungen zënter 2018 pauschal fakturéiert gëtt an net méi pro Akt verrechent gëtt. Heizou gehéieren d'Aktivitéit vum aldeegleche Liewen, d'Ennerstëtzung beim Haushalt am Doheem, an d'Betreiungsaktivitéiten an Alters- a Fleegeheemer. Dës ass mat der Reform vun 2018 geännert ginn, well an der Vergaangenheet déi Akten, déi net gelescht goufen, well zum Beispill de Beneficiaire dat net zu deem Zäitpunkt wollt, net méi spët konnten nogeholl ginn. Duerch dëse System, besteet d'Méiglechkeet en Akt méi spët oder och an enger Woch méi oft ze leeschten, jee nodeem wat de Beneficiaire dee Moment brauch. Et bitt also eng méi grouss Flexibilitéit fir d'Leeschtungen un, déi dagdeegleche Besoine vun de Beneficiairen unzepassen.

Den Artikel 24 3. Alinea vum Code vun der sozialer Sécherheet gesäit elo scho vir, dass d'Gesondheetskeess dem Assuré periodesch e Relevé vun de Prestatiounen zoukomme léisst, déi iwwert eng direkt Prise en charge iwwerholl gi sinn. De Projet dëse Relevé ze implementéieren ass amgaange realiséiert ze ginn an integréiert och de Volet vun de Leeschtungen, déi iwwert d'Fleegeversécherung en Charge geholl ginn.

Et ass awer ze beuechten, datt den Artikel 368 vum Code vun der sozialer Sécherheet virgesäit, dass de Prestataire bis zu zwee Joer Zäit huet, fir seng geleschte Prestatiounen an der Fleegeversécherung mat der CNS ofzerechnen. Dës muss also mat berécksiichtegt ginn, fir kënnen e Relevé opstellen, deem dat erëmspigelt wat dee Moment gelescht gouf, op d'mannst wat d'Ofrechnung ubelaangt.

ad 2. Am groussherzogleche Règlement vum 13. Dezember 2017<sup>4</sup> sinn d'Critère festgehalen wat den Inhalt vun der Fleegegedokumentatioun ubelaangt, déi de Prestataire muss assureieren, grad wéi och d'Qualitéitsindicateuren an der Prise en charge vun de fleegebedierftege Persounen.

Fir kënnen nozevollzéien ob déi fleegebedierftege Persounen all d'Leeschtungen, déi se zegutt hunn, och

kruten, gëtt d'Dokumentatioun vun de realiséierte Leeschtungen iwwerpréift. Esou eng Kontroll ass just méiglech, wann den Inhalt vun der Dokumentatioun standardiséiert, vollstänneg an elektronesch zougänglech ass. Dës indirekt Mesure erméiglecht et ze iwwerpréieren, ob de Prestataire déi adequat Moyenen asetzt fir eng qualitativ gutt Prise en charge ze assureieren an domadder esou wuel d'Sécherheet wéi d'Intégritéit vun der fleegebedierfteger Persoun ze garantéieren.

Qualitéitskontrolle ginn esou wuel an den Établissements à séjour continu (ESC) duerchgefouert, wat Strukture sinn, déi eeler Leit en charge huelen, dat heescht Centres intégrés pour personnes âgées (CIPA) a Fleegeheimer, wéi och bei de Fleege-déngschter (réseaux d'aides et de soins) an an den Établissements à séjour intermittent (ESI), déi sech u Leit mat spezifische Besoinen adresséieren.

De folgenden Tableau resuméiert d'Kontrollvisite vun der Administration d'évaluation et de contrôle de l'assurance dépendance (AEC) an den ESC<sup>5</sup> fir den Zäitraum vun 2019 bis 2021. Verschidde geplangte Visite konnten net ëmmer an der fest gesater Zäit duerchgefouert ginn, bedéngt duerch déi sanitär Kris. Am Ganze goufen 43 Kontrollvisite realiséiert, déi all d'Gestionnairen ofdecken.

Während dem Joer 2018 goufen d'Methodologie, d'Indicateuren an d'Outils fir d'Qualitéitskontroll um Terrain ausgeschafft.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

ad 3. Den Artikel 56 vun der Kaderkonventioun tëscht der COPAS an der CNS gesäit fir, dass d'CNS Kontrolle betreffend den ofgerechente Prestatiounen kann duerchféieren.

Dës Kontrolle verifizéieren ob de Prestataire ausreichend Personal hat, fir déi Akten ze leeschten, déi a Rechnung gestallt gi sinn, an och ob d'Qualifikationsnormen, déi duerch dat groussherzogleche Règlement vum 18. September 2018<sup>6</sup> fixéiert gi sinn, vum Prestataire agehale goufen.

Säit der Reform vun der Fleegeversécherung am Joer 2018, sinn esou Kontrollen duerchgefouert ginn. D'Stellungnahme vun de Prestataire zu de Berechnungen déi vun der CNS realiséiert gi sinn, ginn aktuell vun der CNS analyséiert.

Ausserdeem präziséiert de Code vun der sozialer Sécherheet am Artikel 384bis:

« [...] L'Administration d'évaluation et de contrôle de l'assurance dépendance établit un rapport biennal relatif aux contrôles effectués, qu'elle transmet au comité directeur de la Caisse nationale de santé, aux ministres ayant la Sécurité sociale et la Santé dans leurs attributions et aux ministres compétents en vertu de la législation réglant les relations entre l'État et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique. »

Den éischte Rapport biennal iwwert d'Qualitéitskontrollen, deem d'Period vun 2018 bis ugangs 2020 ofdeckt, gouf wéinst der sanitär Kris net wéi geplangt am Joer 2020, mee de 6. Mee 2021 während

<sup>5</sup> ESC (Établissements à séjour continu) sinn Etablissementer, déi sech un eeler Persounen adresséieren. Et handelt sech dobäi esou wuel ëm „CIPA - Centres intégrés pour personnes âgées“, och oft „Altersheemer“ genannt an de Fleegeheimer (Maisons de soins).

<sup>6</sup> Règlement grand-ducal du 18 septembre 2018 modifiant le règlement grand-ducal du 13 décembre 2017 déterminant : 1. les normes concernant la dotation et la qualification du personnel ; 2. les coefficients d'encadrement du groupe

<sup>4</sup> Règlement grand-ducal du 13 décembre 2017 déterminant le contenu de la documentation de la prise en charge et les indicateurs de qualité de la prise en charge



enger Pressekonferenz vum Minister fir d'sozial Sécherheet an der AEC virgestallt.

Den integrale Rapport mat all de Resultater, wéi och de Resumé an de Pressecommuniqué kënnen um Internetsite vun der AEC nogelies ginn:

<https://aec.gouvernement.lu/fr/docetchiffres/rapportbiennialqualite.html>

Den éischte Rapport biennal huet et erméiglecht, eng Bestandsopnam vun der Qualitéit vun de realiséierte Leeschtungen ze dresséieren an déi Beräicher ze identifizéieren, wou eng Verbesserung noutwendeg ass. Dës Punkte goufe mat de verschiddene Prestatairen diskutéiert a ginn am nächste Rapport virgestallt, dee fir d'Enn vum éischte Semester 2022 geplangt ass.

### Carrière de l'artisan dans la fonction publique | Question 6073 (19/04/2022) de M. Fred Keup (ADR)

D'Roll vum Handwierk an der Gesellschaft an notament der entsprecherende Berufsausbildung souwéi d'Karrière vum Handwierk am öffentliche Dëngscht ass en Thema, wat zu Lëtzebuerg ëmmer erëm kontrovers diskutéiert gëtt.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Minister fir den öffentliche Dëngscht gären dës Fro stellen:

1. Kann den Här Minister elaboréieren, wéi déi Decisioun motivéiert ass, fir eng Meeschterprüfung mat engem Diplôme de fin d'études secondaires/secondaires techniques/Diplôme de technicien gläichzestellen, obwuel dem lëtzebuergeschem Qualifikationsrahmen no de Meeschtertittel um Niveau 5 agestuft ass an den Diplôme de fin d'études secondaires/secondaires techniques/Diplôme de technicien jeeeweils um Niveau 4 agestuft ass?

2. Duerch den neien Accord mat der CGFP, wou d'Karriär D1 an d'Karriär C1 gehuewe gëtt, fällt fir déi Leit, déi d'Meeschterprüfung hunn, d'Prime vun zéng Punkten ewech. Gläichzäiteg gëtt d'Meeschterprüfung op de selwechten Niveau gesat wéi en Diplôme de fin d'études secondaires/secondaires techniques/Diplôme de technicien. Kann den Här Minister matdeelen, wéi hien déi laangfristeg Konsequenze vun dëser Decisioun op d'Berufsbild vum Handwerksmeeschter am öffentlichen Dëngscht beurteelt?

**Réponse (16/05/2022) de M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique**

Fir op déi éischt Fro vum honorabelen Deputéierten ze äntweren, muss ech direkt kloerstellen, datt eng Meeschterprüfung net mat engem Diplôme de fin d'études secondaires gläichgestallt ass. Duerfir hunn déi Diplomer jo och verschidden Niveaue an Cadre luxembourgeois des qualifications (CLQ). De Minister fir d'Fonction publique huet och keng Kompetenz, fir Diplomer gläichzestellen, mee a senger Roll als Vertreder vum Employeur Staat ass de Minister fir d'Fonction publique kompetent, fir den Accès an déi verschidde „Groupes de traitement“ oder „Groupes d'indemnité“ ze reegelen.

Et gëtt an der Fonction publique kee „Groupe de traitement“ oder „Groupe d'indemnité“, wou den Accès exklusiv reservéiert ass fir Kandidaten mat engem Diplom, deen am Niveau 5 vum CLQ klasséiert ass. Mir hunn och keng Fonctiounen, wou een Diplom vun engem Niveau 5 eng spezifesch Konditioun ass, fir rekrutéiert ze ginn.

Et gëtt och nach aner Niveaue vun Diplomer am CLQ, wou et kee spezifesch „Groupe de traitement“ oder „Groupe d'indemnité“ beim Staat gëtt, dat ass bei spillsweis de Fall fir Diplomer am Niveau 1, 2 an 8.

D'Zil vum rezenten Accord mat der CGFP ass effektiv eleng d'Harmonisatioun vun de „Carrières inférieures“ beim Staat. Et geet hei ëm eng Fusioun vu Carrièren am Sënn vun engem kohärenten Opbau, deen och eng administrativ Vereinfachung mat sech bréngt, an net am Sënn vun enger Opwärtung vun Diplomer. D'Logik vun dëser Harmonisatioun besteet doranner, Agenten mat fënnf Joer Reussite am Secondaire oder mat engem DAP an de „Groupe de traitement“ oder „Groupe d'indemnité“ C1 ze klasséieren, an Agenten mat mueren Studien an de „Groupe de traitement“ oder „Groupe d'indemnité“ C2.

Aus deem Grond gëtt d'Carrière vum Artisan, mat oder ouni DAP, vum „Groupe de traitement“ D1 an de „Groupe de traitement“ C1 klasséiert. Duerch déi implizit Opwärtung geet d'Masse salariale an d'Luucht.

Et geet also an dësem Projet iwwer d'Harmonisatioun vun den ënneschte Karrièren net ewéi iertemlech ugedéit ëm eng Opwärtung vu Karrièren oder eng Aféierung vun neie Karrièren ausserhalb vun den ënneschte Karrièren.

De Gesetzesprojet, deen den Accord soll ëmsetzen, ass amgaang finaliséiert ze ginn, a wäert deemno an deenen nächste Méint och an der CHD deposéiert an diskutéiert kënne ginn.

### Parking du Lycée technique agricole (LTA) à Gilsdorf | Question 6076 (19/04/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

D'Parkplatz-Situatioun ronderëm de „Lycée technique agricole“ (LTA) zu Gilsdorf bleift weiderhin ugespaant, wéi aus der Äntwert op d'Question parlementaire N° 5724 ervirgeet. Sou schreift den Här Educatiounsminister beispillsweis, dass dës Problem an der nächster Zäit duerch eng Programmatioun vun de Barrieren vum Parking kéint geléist ginn. Den Här Minister schreift awer och, dass déi meeschte Weiderbildungen owes géifen ugebuede ginn.

An deem Kontext wëllt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Kann den Här Minister seng Ausso beleeden, dass déi meeschte Weiderbildungen owes ugebuede ginn?

- Wéi wëll den Här Minister de Problem vun de Parkplätze léise fir d'Weiderbildungen am Beräich vun der „Gestion en entreprise“ respektiv vun de „Sprëtzwass-Coursen“, déi daagsiwwer ofgehalde ginn?

**Réponse (07/06/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

Et huet sech erausgestallt, datt owes an der Hauptsach Informationsveranstaltungen, Konferenzen oder och emol Generalversammlungen stattfannen, d'Weiderbildungen dogéint meeschtens daagsiwwer. Wéi ech schonn a menger Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5724 geschriwwen hunn, mussen d'Barrieren d'accès esou programméiert ginn, datt nëmmen Enseignanten, Visiteuren a Leit, déi während de Schoulzäiten u Weiderbildungen deelhuewen, Zougang zum Parking kréien.

### Cité militaire de Diekirch | Question 6077 (19/04/2022) de M. André Bauler (DP)

Depuis quelques années, le plan d'aménagement particulier (PAP) concernant la cité militaire de Diekirch a été voté au conseil communal si bien que la construction de nouveaux logements pourrait débuter dans peu de temps. Or il se trouve que rien ne bouge sur ce site.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Logement :

- Monsieur le Ministre peut-il informer sur l'avancement des planifications concernant la création de nouvelles unités d'habitation audit site ?

- Pour quelles raisons la mise en œuvre de ce PAP n'a-t-elle pas encore commencé ?

- En attendant le réaménagement urbain de ce site, Monsieur le Ministre juge-t-il opportun à y héberger, de manière temporaire, des personnes réfugiées venant d'Ukraine ?

**Réponse (12/05/2022) de M. Henri Kox, Ministre du Logement**

Le plan d'aménagement particulier en vue du réaménagement de l'actuelle cité militaire, de la reconstruction du bâtiment administratif existant et de la création de 124 logements supplémentaires à Diekirch a été approuvé en janvier 2019. Or, le bâtiment administratif situé au sein du projet reste actuellement opérationnel. En outre, un quart des logements est encore occupé par des membres du corps de l'Armée luxembourgeoise.

La Société nationale des habitations à bon marché (SNHBM) est en train de réaliser les planifications détaillées du projet, alors que l'avant-projet sommaire vient d'être finalisé pour la réalisation du nouveau bâtiment administratif, des 60 logements destinés au corps de l'Armée luxembourgeoise et du parking pour l'ensemble de la nouvelle cité.

Ainsi, les travaux d'assainissement et de déconstruction des résidences existantes devraient débuter avant la fin de l'année courante. La déconstruction du bâtiment administratif ne pourra cependant démarrer qu'à l'issue de l'accomplissement d'un nouveau bâtiment à Ettelbruck permettant la libération des lieux actuels.

Finalement, des pourparlers avec les responsables de la Ville de Diekirch et de la Croix-Rouge vont bon train en vue de l'affectation de 16 logements habitables à des familles de réfugiés. Cette affectation devrait être mise en œuvre au mois de juillet, dès que les logements auront été libérés.

### Mauvais état du chemin repris 346 qui relie le village de Schieren à celui de Schrondeweiler dans la commune de Nommern | Question 6078 (19/04/2022) de M. André Bauler (DP)

Des cyclistes m'ont signalé le mauvais état du chemin repris 346 qui relie le village de Schieren à celui de Schrondeweiler dans la commune de Nommern. En quelques endroits, cette voie routière s'est en effet détériorée gravement et risque de ne plus être carrossable dans de bonnes conditions.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Monsieur le Ministre peut-il informer sur un éventuel projet de redressement du CR346 entre Schieren et Schrondeweiler ?

2) Est-il d'ores et déjà possible d'indiquer la date à laquelle les travaux de redressement vont débuter ?

3) Jusqu'à quelle date les travaux d'infrastructure réalisés actuellement à l'entrée du CR347 (côté Schieren) seront-ils finalisés ?

**Réponse (23/05/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

ad 1) Une inspection du chemin repris CR346 entre Schieren et Schrondeweiler a révélé des traces d'usure,



cependant l'état actuel ne justifie pas une intervention de mes services. Toutefois, si les dégradations s'empirent, ce tronçon sera inscrit prochainement au programme d'entretien.

ad 2) Pour le moment, en raison des informations fournies ci-avant, il m'est impossible d'annoncer une date des travaux, voire du début d'un chantier.

ad 3) Sauf imprévu, l'achèvement des travaux d'infrastructure actuellement en cours à l'entrée du chemin repris CR347 (côté Schieren) est prévu pour début 2023.

**Château d'Eisenborn | Question 6079 (20/04/2022) de M. Sven Clement (Piraten)**

D'Schlass vun Eesebuer, dat zanter 2009 a senger Integralitéit (les immeubles du château d'Eisenborn, y compris le jardin et l'étang) als Monument national klasséiert a geschützt ass, steet anscheinend viru grössere Verännerungen:

Viru e puer Wochen huet d'Gemeng Jonglënster en Avis aushänke gelooss, mat deem d'Bierger a Biergerinnen opgefuerdert goufen, sech zur „démolition de la grange de l'ancien couvent de Eisenborn“ ze äusseren. Gemengt ass de lénke Fligel vum Schlass a Bauhär ass de Fonds du logement, deem zanter 30 Joer Proprietär vun de Gebailechkeeten ass. Een Deel vum Gebai soll ofgerappt an duerch en Neibau ersat ginn.

An hirem Avis schwätzt d'Gemeng vun der „démolition d'une grange“, während an den

Accusés de réclamation vun der „démolition partielle du château d'Eisenborn“ geschwat gëtt. Et handelt sech hei net ëm eng classesch Scheier, mee ëm Ställ, Wirtschaftsraum a warscheinlech och Wunnraum fir d'Personal.

De Fonds du logement krut am Februar 2022 an engem Schreiwes vum Kulturministère matgedeelt, datt d'Demolitioun duerchgefuert ka ginn ënnert der Bedéngung, datt d'Fenstersteng, d'Encadrement vum de Portaler an nach aner Hasteng versuergt solle ginn, wat kloer drop hindeit, datt et sech ëm eng stenge Konstruktioun, an net ëm eng einfach Scheier handelt. Wann all dës Steng solle versuergt ginn, sou kann een sech d'Fro stellen, ob et net besser wier, dës denkmalgeschützte Gebai stoen a renovéieren ze loossen.

Der Gemeng Jonglënster, déi hir Demolitiounsprozedur elo provisoresch gestoppt huet bis d'Fro vun der richteger Designatioun vum Nieuwegebai gekläert ass, sinn d'Hänn gebonnen: dat betraffent Gebai ass zwar Deel vun engem Monument national, awer am PAG net als solch geschützt. Si ka sech deemno der geplangter Demolitioun net widdersetzen, mee héchstens dofir suergen, datt dat neit Gebai vun der Bausseform hir deem alen entsprécht.

An deem Zusammenhang wëilt ech de Ministere fir Kultur, fir Interieur a fir Wunnengsbau dës Froe stellen:

1. Madamm Kulturministesch, d'Schlass vun Eesebuer ass als Ganz geschützt. Ass et ze veräntweren, en Deel dovun ofzerappen, fir op der selwechter Plaz erëm eppes Neies opzerrichten? Wéi ass dat ze justifiéieren, och virum Hannergrond vun der Konventioun vu Granada, déi Lëtzebuerg 1985 ënnerschriwwen huet, a wou et dorëm geet „à éviter que des biens protégés ne soient défigurés, dégradés ou démolis“ (Art. 4.2.)?

2. Madamm Kulturministesch, wéi ass et ze erklären, datt d'Bezeichnung vun engem Gebai sou schwierig ass? Kann dat vläicht dorop berouen, datt sech net genuch mat der Geschicht vun de Gebailechkeeten ausernee gesat gouf?

3. Madamm Kulturministesch, am Februar hutt Dir dem Fonds du logement Ären „accord de démolition“ ginn. Wéi ass dës Schrëtt nozevollzéien, well et sech jo ëm e Monument national handelt, an Dir gläichzäiteg betount, datt d'Fenstersteng, d'Encadrement vum de Portaler an nach aner Hasteng versuergt solle ginn?

4. Här Logementsminister, de Fonds du logement wëll, no laangem Hin an Hir, Wunnengen am Schlass vun Eesebuer ariichten. Wéi vill Wunnenge sollen hei entstoen? Wann et e Kapazitéitsproblem sollt ginn, da kéint een och den Daachstull nach ausbauen, well dee fréier méi héich war.

5. Här Logementsminister, wisou kann dës Projet vum Fonds du logement net am Kader an am Respekt vun de besteende Gebaier geschéien? Ass d'Ofraappe vun engem Deel vum engem historesche Gebai an en Neibau ökologesch ze veräntweren?

Wier et hei net um Staat mam gudden Beispill virzegoen an eng Virreideroll am respektvollen Émgang mat eisem Patrimoine anzehuelen?

6. Madamm Inneministesch, ass et normal, datt de Klassement vun engem Gebai als Monument national keen Nidderschlag am PAG vun der betraffener Gemeng fënnt? Wéi vill esou Fäll ginn et? Wann dës Usus ass, misst deem Émstand net verännert ginn?

**Réponse commune (18/05/2022) de Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | Mme Taina Bofferdig, Ministre de l'Intérieur | M. Henri Kox, Ministre du Logement**

ad 1. De Site vum sougenannten Eesebuerer Schlass huet eng Geschicht, déi op d'mannst bis an d'Mëtt vum 18. Joerhonnert zrëckgeet an déi, am Laf vun der Zäit ganz wiesselhaft war, esouwuel wat d'Proprietär wéi och d'Bauaktivitéiten ugeet. Et gouf etlech dozou geschriwwen. Nieft enger ausféierlecher Monographie a Buchform (Un corps de biens connu sous le nom de Château Eysembourg vum René Link), déi am Joer 2013 erauskoum, gouf am Kader vum aktuelle Projet och eng bauhystoresch Analys gemaach.

Wat de Site ugeet, hu mer et mat zwee verschiddene Gebaitypussen ze dinn. Fir d'éischt den impressionnante Corps de logis, dee mat senger Volumetrie a Positioun, d'Plaz an d'Duerfbild staark a gutt markéiert. Donieft erkenne mer e laangt Ekonomiesgebai, dat mat klorer, einfacher Ausféierung e gudden Géigespiller zum Haapthaus duerstellt. Onbedéngt ze ernimmen sinn awer och d'Alentouren a besonnesch de Gaart direkt virum Corps de logis wéi och de Park hannert den zwee Gebaier.

Wat elo d'Zukunft vum Site ugeet, si mir vun enger Beliewung duerch neit Wunnen iwwerzeegt. Esou sollen am Haapthaus mat vill Suergfalt, nei Appartements integréiert ginn. Wäertvoll Strukturen a Finitioune vun der historescher Innenarchitektur ginn dobäi respektéiert an am Verlaf vun der Restauratioun erëm integréiert. E puer Wunnunitéite ginn op de verschiddenen Niveaue verdeelt. Dës geschitt mam Bäibehale vun der grousser historescher Opdeelung. Déi existent Fënsteren offréieren och all Garantie fir eng gutt Besonnung an Duerchliiftung.

Dat grousst Ekonomiesgebai bitt am Contraire zum Haapthaus awer net méi vill wäertvoll, respektiv authentesch Substanz. Effektiv huet et am Laf vun der Zäit schonn immens vill Verännerungen an och Verloschter erlieft. Bei engem schlëmmen Feier am Joer 1975 gouf besonnesch vill Substanz verluer. No deem Groussbrand gouf d'Gebai erëm a vereinfachter Form erneiert. Banne sinn nei Dallen am Stol an am Beton armé agezu ginn. D'Mauerkroune goufen nei opgesat. Déi stenge Frontone koumen net méi hannescht

op d'Gauwen. D'Gespär ass och komplett erneiert ginn. Deemno besteet d'Gebai haut aus groussen, einfache Mauer an engem riichten Daach. Nëmme ganz sporadesch ass nach deem een oder anere klengen Iwwerbleibsel a Form vun enger Baunot oder engem verschaffte Steen ze erkennen. Eng wierklech markant architektonesch Kompositioun ass awer net méi auszemaachen, a vill Strukture si verluer gaangen oder nei.

Dobäi kënnt, datt déi existent Dieren a Fënsteren duerch d'Bänk ouni Interêt sinn an och net genuch Ouverture fir Luucht a Loft bidden. Et ass gängeg, datt bei enger interessanter aler Substanz vun deem Genre an esou Fäll nei Lächer bäigeschnidde ginn, am Respekt zum Bestand. Als Beispill kann een de realiséierte Projet vum Fonds du logement am national protegéierte Bredimushaff zu Hënchereng ernimmen. No enger Analys vum historesche Reschtwäert vum Eesebuerer Ekonomiesgebai, huet sech awer erausgestallt, datt déi Demarche an dësem konkreete Fall net ze verdeedegen ass.

Deemno soll dee groussen urbanistesche Geste mat engem neie Gebai erëm opgehol ginn. Och soll eng roueg architektonesch Identitéit definéiert ginn, déi keng optesch Konkurrenz zum Haapthaus duerstellt.

Dee Projet gouf 2019 an der Commission des sites et monuments nationaux virgestallt a krut och vun all de Memberen e positiven Avis. E ministerielle Bréif gouf duerno mat Datum vum 5. September 2019 un d'Bauherrschaft adresséiert. An deem Schreiwes gëtt de Projet, mat verschidde Bemierkungen zur weiderer Detailplanung autoriséiert.

ad 2. Wéi schonn aus der Äntwert op déi éischt Fro ervirgeet, gouf sech ausféierlech mam komplette Site vum Eesebuerer Schlass ausernee gesat. Esou gouf, wéi schonn ernimmt, eng bauhystoresch Analys vun der Bauherrschaft beoptraagt, déi zu 100 % vum SSMN subsidéiert gouf.

Wat d'Bezeichnung vun deem betraffene Gebai ugeet, esou gëtt et am Intitulé vu mengem Bréif kloer mat „communs“ erëm geholl, wat sécher net falsch ass. Am lafenden Text gëtt dann d'Wuert „grange“ fir d'Ekonomiesgebai gebraucht, esou wéi de Fonds du logement dat och a senger Ufro gemaach huet. Et handelt sech hei am gudden Sënn ëm eng populär-vulgär Bezeichnung.

ad 3. D'Autorisatioun zum Ofraappe vum Ekonomiesgebai gouf viru Kuerzem ginn. Virdrun hunn ech awer schonn a mengem Bréif vum 5. September 2019 mäin Accord zum eigentleche Projet ginn. Am Projet ass virgesinn, d'Encadrementssteng vun zwou Paarten an der Fassad direkt nieft dem Haapthaus (mat déi eenzeg nach markant Architekturelementer also), auszubauen an op der selwechter Plaz an dat neit Gebai ze integréieren.

Wat elo allgemeng d'Steng vum ale Mauerwierk ugeet, hunn ech gefrot, déi um Site ze halen. Effektiv sinn ech der Meenung, datt se op ville Plazen am Gaart oder Park kënnen erëm gebraucht ginn. Et handelt sech ëm einfach Mauerbausteng, an awer denken ech, datt et besser ass, se in situ nei ze verwärten, wéi se an de Concasseur ze geheien oder op d'Deponie ze féieren.

ad 4. Am Kader vun dësem Projet wäerte 14 nei Logementer entstoen, soumat ass d'Kapazitéit déi de Gabarit hier gëtt, komplett ausgenotzt ginn.

ad 5. De Projet ass am Respekt vum alen Härenhaus ausgeschafft ginn. Beim Projet vum Fonds du logement wäert dat historesch wichteg an ze erhalend Haapthaus mat engem Neibau am Plaz vun der Scheier eng Eenheet bilden. Ee vun de Virdeeler vum



Neibau ass, datt en energetesch gesinn, den héijer Bedarf vum Härehaus ka kompenséieren.

ad 6. Den Artikel 38 vum ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 8. März 2017 iwwert de Contenu vum engem Plan d'aménagement général („PAG“) gesäit vir, dass déi national geschützte Gebaier am grafeschen Deel, respektiv am schrëftlechen Deel vum PAG duergestallt ginn.

Dëst ass awer eng reng informativ Duerstellung, där hiren Zweck doranner besteet, dass de Bierger drop opmierksam gëtt, dass et um Territoire vun der Gemeng Gebaier ginn, déi den Dispositiounen vum Gesetz vum 25. Februar 2022 iwwert de Patrimoine culturel ënnerleien.

Am Fall vun engem national geschützte Gebai beseet den Artikel 30 vum uewe genannte Gesetz, dass keng Aarbechten dierfen ënnerholl ginn ouni eng schrëftlech Erlabnis vum Kulturminister.

Wann deemno de Maître d'ouvrage eng Demolitiounsgeneemegung ufreet, muss de Buergermeeschter vun der zoustänneger Gemeng sech u seng kommunal Gesetzgebung halen (PAG) an des Geneemegung och ausstellen, wa se konform ass mam PAG, onofhängeg dovunner ob en nationale Schutz virläit oder net.

Dëst erkläert sech aus dem Grond, dass de Buergermeeschter zoustänneg ass fir Demolitiounsgeneemegungen op Basis vum Artikel 37 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain ausstellen.

De Buergermeeschter muss d'Demolitiounsgeneemegung ginn, wann d'Demande konform zum PAG an zum Bautereglement ass, an dëst onofhängeg vun den Dispositiounen vum Gesetz vum 25. Februar 2022 iwwert de Patrimoine culturel. Déi national geschützte Gebaier ënnerleien och der Kompetenz vum Kulturminister wat hire Schutz ugeet.

D'Gemeng an d'Kulturministesch agéieren an hire jeeweilige Kompetenzberäicher. Deemno kann e Buergermeeschter eng Demolitiounsgeneemegung net aus dem eenzege Grond refuséieren, dass d'Gebai engem nationale Schutz ënnerläit.

Am Sënn vun der Rechtssécherheet ass et och net ubruecht, dass en national geschützt Gebai och nach eemol kommunal am PAG geschützt gëtt. Effektiv géing sou en duebele Schutzregimm zu juristeschen Onsécherheete féieren, well d'Gemeng an de Kulturministère dee Moment fir dat selwecht Gebai kompetent wieren.

Et ass awer dem Maître d'ouvrage seng Responsabilitéit, des nëmmen ze exekutéieren, wann hie laut dem uewe genannten Artikel 30 eng schrëftlech Erlabnis krut vum Kulturminister, déi him geneemegt, Aarbechten um national geschützte Gebai virzehuelen.

Falls hien des Demolitiounsgeneemegung exekutiert ouni eng schrëftlech Erlabnis vum Kulturminister, risquéiert hien eng Geldstrof, déi laut dem Artikel 117 vum uewe genannte Gesetz vum 25. Februar 2022 bis zu 1.000.000 Euro héich ka sinn.

**Démographie médicale** | Question **6080** (20/04/2022) de **M. André Bauler** | **M. Gilles Baum** (DP)

Ee Manktem u Pediatere an der Nord vum Land, huet ugangs Abrëll dozou gefouert, datt d'Maternité vum Centre Hospitalier du Nord (CHdN) zu Ettelbréck temporär huet missen zoumaachen.

Mee zu Lëtzebuerg feelt et net nëmme u Pediatere. Och Dokterinnen aus anere Fachrichtungen si betraff, ob Generalisten oder Spezialisten. Bei enger Bevëlkerung, déi all Joer ëm 10.000 bis 13.000 Persounen wuess, féiert dat zu laange Waardezäiten a wäiten Displacementen.

An deem Kader wollt mir der Madamm Gesondheetsministesch folgend Froen zur allgemenger medezinescher Demographie stellen:

1. An enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro (N° 2786) gouf am Oktober 2020 ugekënnegt, datt Aarbechte géife lafen, fir de „Registre professionnel“ ze adaptéieren. Dat mam Zil an Zukunft d'Zuel vu Medezinner no Fachrichtung ze ermëttelen, déi zu Lëtzebuerg gebraucht wäerte ginn. Madamm Ministesch, sinn des Aarbechten ofgeschloss?

2. Wa jo, kann d'Madamm Ministesch eis matdeelen, wéi vill Dokterinnen aktuell, no Fachrichtung opgeschlëselt, hei am Land schaffen?

3. Wéi vill Dokterinnen sinn an de leschte fënnf Joer zu Lëtzebuerg bäikomm a wéi vill sinn der an d'Pensioun gaangen, wa méiglech no Fachrichtung opgeschlëselt?

4. Wéi sinn d'Dokterinnen op déi verschidde Regionen am Land verdeelt, opgeschlëselt no Fachrichtung?

5. Wéi vill Patientinnen goufen an de leschte fënnf Joer an de Spideeler a wéi vill an den Dokteschcabineten, opgeschlëselt no Fachrichtung, behandelt?

**Réponse (02/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministère de la Santé**

ad 1. D'Analys ass gemaach gi mam Resultat, dass verschidde Gesetzter a Reglementer punktuell ugepasst mussen ginn. An deem Sënn wäerten an deenen nächste Wochen déi néideg gesetzlech Adaptatiounen proposéiert ginn.

ad 2. Allerdéngs ass et méiglech och elo scho mam besteende Regëster déi aktuell aktiv Dokterinnen opzelëschten (Stand 31/12/2021):

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

ad 3. De folgenden Tableau gëtt Opschloss iwwert d'Zuelen vun den ausgestallten Autorisatiounen vun 2018-2021. Esou wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 2786 ugedeit, gëtt et fir d'Joer 2017 keng Opschlësslung vu Dokterinnen no Fachrichtung.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

De Gesondheetsministère huet keng exakt Donnéeën zu deenen Dokterinnen déi an d'Pensioun gaange sinn, aus deem Grond dass d'Aarbeschtserlaabnis à durée indéterminée ass.

ad 4. (*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

ad 5. De Gesondheetsministère huet keng Donnéeën dozou.

**Volonté de travailler des demandeurs et bénéficiaires de protection internationale** | Question **6081** (20/04/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Am Artikel „Ein doch nicht so freier Zugang“, deen de 15. Abrëll am Lëtzeburger Wort publizéiert gouf,

heescht et, datt vun all den DPIen, déi 2021 op Lëtzebuerg koumen, der just 24 eng provisoresch Aarbeschtserlaabnis (AOT) ugefrot hunn a just 25 bis 30 Prozent vun deenen, déi säit 2015 an d'Land komm sinn, eng Aarbecht fonnt hunn. Weider ass an deem selwechten Artikel ze liesen, dass 2019 nëmme 1.664 vun deenen 20.000 Leit, déi all Joers op Lëtzebuerg kommen, de Kontrakt fir Opnam an Intégratioun (CAI), deen och d'Offer vu Sproochecoursë reegelt, ënnerschrifwen hätten. An deem Sënn géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

1. Wéi erkläert d'Regierung des mangelnd Bereetschaft vun den DPIen an de BPIen, fir sech iwwerhaupt ëm eng Aarbecht ze beméien?

2. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill DPIen a BPIen säit 2013 zu Lëtzebuerg all Joers eng AOT ugefrot hunn, wéi vill der accordéiert goufen a wéi vill vun deene Leit schlussendlech eng Aarbecht ugehol hunn? Kann d'Regierung dobäi preziséieren, wéi d'Leit an deenen eenzele Kategorien sech no Hierkonft an hirem geneeë legale Openthaltstatus opdeelen? Wéi presentéieren des Zuelen sech am EU-Vergläich?

3. Kann d'Regierung matdeelen, mat wéi enge finanziellen a materiellen Konsequenzen déi Leit mussen rechnen, déi sech am Kader vum Asylrecht zu Lëtzebuerg ophalen, wa si eng Aarbecht refuséieren?

4. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill DPIen a BPIen säit 2013 zu Lëtzebuerg all Joers e CAI ënnerschrifwen haten, wéi vill der do vun der Méiglechkeet fir gratis Sproochecoursë profitéiert hunn a wéi vill der des Coursen erfollegräich ofgeschloss hunn? Kann d'Regierung dobäi preziséieren, wéi d'Leit an deenen eenzele Kategorien sech no Hierkonft an hirem geneeë legale Openthaltstatus opdeelen?

5. Kann d'Regierung matdeelen, mat wéi enge finanziellen a materiellen Konsequenzen déi Leit mussen rechnen, déi sech am Kader vum Asylrecht zu Lëtzebuerg ophalen, wa si d'Offer vu gratis Sproochecoursë refuséieren?

6. Kann d'Regierung matdeelen, wéi eng Moossnamen si ergräift, fir déi Leit, deenen hiren Openthaltstatus ofgelaf ass oder geschwënn ofleeft an déi zu dem Ablack net iwwert eng Aarbecht verfügen, sou séier wéi méiglech an hir Heemechtslänner zeréckzeféieren, fir eng weider Belaaschtung vum Staatsbudget an de Sozialkeesen duerch déi Leit ze vermeiden?

7. Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Sue säit 2013 all Joers fir déi materiell a finanziell Versuergung vun DPIen an BPIen ausgi goufen, op wéi eng Kategorie vu Leeschtungen déi Suen sech verdeelen an ënnert wéi enge Budgetartikelen déi Sue gefloss sinn?

**Réponse commune (03/06/2022) de M. Jean Asselborn, Ministère des Affaires étrangères et européennes, Ministère de l'Immigration et de l'Asile | Mme Corinne Cahen, Ministère de la Famille et de l'Intégration | M. Claude Meisch, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

ad 1. Et kann een net pauschal vun enger mangelnder Bereetschaft schwätze vun den DPIen an den BPIen, sech „ëm eng Aarbecht ze beméien“. Dëst eleng schonns dowéinst, well d'Konditiounen vum Accès op den Aarbeschtsmaart ganz verschidde sinn, jee nodeems ob eng Persoun nach an enger Asylprozedur (DPI) ass, oder ob si internationale Schutz zu Lëtzebuerg accordéiert krut (BPI).

D'BPIen hunn ee fräien Accès op den Aarbeschtsmaart, dat heescht si ënnerleien deene selwechte Prozeduren a Konditiounen, wéi d'Leit mat Lëtzeburger oder enger aner europäescher Nationalitéit. Genee wéi



bei dëse Leit hânt d'Méiglechkeet eng Aarbecht ze fannen fir d'BPien also vu ville Facteuren of; an éischter Linn natierlech d'Adequation vun hirem Profil mat den Exigence vun de Posten, déi ausgeschriwwen sinn. Bei de BPien komme besonnesch Facteuren derbäi, déi d'Sich no enger Aarbecht erschwéieren kënnen, wéi zum Beispill Problemer mat der Villsproochkeet hei am Land, oder medezinesch Problemer.

Soulaang d'Leit nach an enger Asylprozedur sinn, hu si kee fräien Accès op den Aarbechtsmaart. DPiE brauchen eng speziell Erlabnis, fir schaffen ze goen, eng sougenannten „Autorisation d'occupation temporaire“ (AOT), déi si réischt kënnen ufroen fréistens sechs Méint nodeems si hir Asyldemande gestallt hunn. Dësen Delai vu sechs Méint soll et den Leit, déi oft ee schwéieren Parcours hannert sech hunn, erlaben als éischt mol hei am Land Fouss ze faassen. Ausserdeem soll doduerch och sécher gestallt ginn, dat d'Asylprozedur net géing benotzt ginn, fir déi üblech Reegele fir den Accès op den Aarbechtsmaart vu Leit aus engem Drëttstaat ze ëmgoen.

ad 2. Tëscht 2013 a Mëtt Mee 2022 hu 287 Persounen eng Demande op eng AOT gestallt (éischt Demande oder Verlängerung). Dëst entsprécht am Ganzen 309 Demanden. Dovu goufen 191 Demandë fir eng AOT accordéiert an 118 refuséiert. Den Tableau hei drënner presentéiert den Detail vun den Demandë pro Joer:

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).*

Déi 287 Leit, déi eng Demande gestallt hunn, verdeelen sech op 47 verschidden Nationalitéiten, woubäi keng Nationalitéit iwwert 10 % vun de Leit representéiert.

Wei an der Äntwert op d'Fro 1 erkläert, ass d'AOT just applicabel fir d'DPiE. Domat ass d'Fro no der AOT fir BPiE hifälleg, genee wéi d'Opdeelung no „legalen Openthaltstatus“.

E Verglach mat aner EU-Länner ass schwier, well all Land den Accès op den Aarbechtsmaart fir d'DPiE mat Bléck op seng national Gegebenheete gereegelt huet, an d'Situatiounen domat net vergläichbar sinn.

ad 3. Bei den DPiE stellt sech de Fall vum Refus vun enger Aarbechtsplaz net, well si sech net bei der ADEM aschreiwwe kënnen a kee Posten proposéiert kënnen kréien.

D'BPiE, déi op der ADEM ageschriwwen sinn, ënnerleien deene selwechte Konditiounen wéi all déi aner Leit, déi bei der ADEM ageschriwwen sinn. Deemo applizéieren sech hei och déi selwecht Konsequenzen, wann si ee fräie Posten, op dee si assignéiert ginn, net unhuelen.

ad 4. Den Tableau hei ënnendrënner weist, wéi vill Leit zanter 2013 e Contrat d'accueil et d'intégration (CAI) ënnerschrifwen hunn, a wéi vill dovunner Bénéficiaire de Protection internationale waren (BPI).

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

De Contrat d'accueil et d'intégration (CAI) gëtt all deenen Net-Lëtzebuerger Persounen vu 16 Joer un ugebueden, déi dauerhaft am Land wunnen, dofir huelen d'Demandeurs de protection internationale (DPI) net un dem Programm deel - fir si ginn aner Mesuren ugebueden, wéi z. B. de Parcours d'intégration accompagné (PIA).

Leider kënnen mer déi weider Präzisiounen, déi den honorablen Deputéierte freet, gréisstendeels wéinst Datenschutz-Ursaachen, net liwweren:

- D'Prestataire maache keen Ënnerscheid, firwat e bestëmmten Apprenant e Recht op en Tarif réduit huet.

- Wann een d'Formationsparcoursen no Kategorie, Hierkonft an Openthaltstatut duerstellt, kann d'Situatioun vun eenzele Persounen liicht retracéiert ginn.

ad 5. Wann eng Persoun am Kader vun den Integrationsprogrammen net um Sproochecours deelhëlt, da gëtt de CAI net validéiert, wat da Repercussione kann hunn op aner Prozeduren, wou den CAI als „preuve d'intégration“ gefrot ass. Dëst gëllt fir all d'Persounen, déi u sou engem Programm deelhuele, onofhängeg dovun op si BPI sinn oder net. Och am Beräich vun de sozialen Leeschtungen, wéi zum Beispill dem REVIS, applizéieren sech fir d'BPi déi selwecht Konditiounen wéi och fir déi aner Persounen, déi Urecht op dës Leeschtungen hunn.

ad 6. Fir dës Fro sief op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 1042, vum 8. August 2019 verwisen.

ad 7. Fir dës Fro sief op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 1098 vum 22. August 2019, sou wéi op déi respektiv Comptes généraux verwisen.

#### Art spolié | Question 6082 (20/04/2022) de M. Fred Keup (ADR)

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4286 zum Thema „Raubkunst“ vum 17. Mee 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup huet d'Madamm Kulturministesch Sam Tanson geschriwwen, datt et net virgesinn ass, datt de Lëtzebuerger Staat Konschtgéigestänn oder Reliquien zeréckfreet, déi während der franséischer Besatzung vun 1793 bis 1814 vum Terrain vum aktuelle Lëtzebuerger Staat an d'Ausland bruecht goufen.

Als Grond heifir schreift d'Madamm Kulturministesch Sam Tanson, datt et deemools de Lëtzebuerger Staat „nach net ginn ass“: „Esou Bestriewunge sinn och net virgesinn, a sténgen am Kontrast zum juristeschen an historiesche Kontext, aus deem de Lëtzebuerger Staat, deen et zum uewegenannten Zäitpunkt nach net ginn ass, entstanden ass.“

Op där anerer Säit huet den Nationalmusée fir Geschicht a Konscht ugedeit, fir Géigestänn aus der Kolonialzäit un afrikanesch Staaten zeréckzeginn.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

1. Ass d'Madamm Minister nach ëmmer der Meenung, datt Bestriewunge fir eng Réckféierung vu Konschtgéigestänn, déi an der Zäit vun 1793 bis 1814 vun de franséische Besatzer aus Lëtzebuerg fortgeschleift goufen an sech haut am Ausland befannen, net sollte virgesi sinn?

2. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, datt Bestriewunge fir eng Réckféierung vu Konschtgéigestänn aus Lëtzebuerger Muséeën, déi aus dem Afrika aus der Kolonialzäit stamen, sollte virgesi sinn? Oder gesäit si dës Bestriewungen och am Kontrast zum juristeschen an historiesche Kontext?

3. An hirer Argumentatioun fir eng Net-Réckféierung hat d'Madamm Kulturministesch Sam Tanson geschriwwen, datt et zu där Zäit „nach kee Lëtzebuerger Staat ginn ass“. Géif si dës Argumentatioun och bei der Fro iwwert eng Réckféierung vu Géigestänn an afrikanesch Staate consideréieren, déi et jo och an der Kolonialzäit a bis zu hirer Onofhängegkeetserklärung während der Dekoloniséierung „net ginn ass“?

4. Kann d'Madamm Kulturministesch Sam Tanson am Kontext vun hirer Ausso, datt et an der Zäit vun 1793 bis 1814 nach kee Lëtzebuerger Staat ginn ass an datt dës Interpretatioun och als Critère fir wichteg Entscheedungen vum Ministère ugewannt gëtt, uginn, vu wéini un et an der Interpretatioun vum Kulturministère de Lëtzebuerger Staat, de franséische Staat, den däitsche Staat an de belsche Staat gëtt?

**Réponse (17/05/2022) de Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture**

D'Diskussioun ronderëm d'Restitutioun vun Objeten a Konschtwierker aus Afrika, déi sech haut an Europa an an den USA befannen, gëtt zanter méi wéi 50 Joer gefouert. D'Generalversammlung vun der UNO huet 1973 schon eng Resolutioun iwwert „Restitution d'œuvres d'art à des pays victimes d'appropriation“ (n° 3187) ugeholl, déi virun allem op Bestriewe vun afrikanesche Länneren entstanen ass. D'Fro vun der Restitutioun vu Kulturgidder, déi illegal duerch aner Staaten appropriéiert gi sinn, ënnerläit also och dem Droit international.

E Staat muss eng virleefeg Kenntnis vun den Objete hunn, vun deenen ee kéint eng Restitutioun froen. Dofir mussen d'Sammlungsbestänn, déi potenziell vun esou Ufroen kéinte betraff sinn, public sinn. Dëst ass d'Demarche, déi den Nationalmusée fir Geschicht a Konscht (MNHA) gemaach huet, andeems hien d'Existenz vun de potenziell onrechtméisseg erworbenen Objeten am koloniale Kontext, déi a senger Sammlung sinn, public gemaach huet. Dës Objete si vu Privatleit un den MNHA respektiv un d'Section historique de l'Institut Grand-ducal geschenkt ginn, op deen d'Sammlung vum haitegen MNHA zeréckgeet.

Et sief an dësem Kontext un d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4286 vum 17. Mee 2021 erënnert, wou dorobber higewise gouf, dass de Lëtzebuerger Staat keng Kenntnis vu Konschtobjeten huet, déi tëscht 1793 an 1814 vum haitege Lëtzebuerger Territoire sollten onrechtméisseg duerch franséisch Bierger matgeholl gi sinn. Et sief och dorunner erënnert, dass de Keiser vun Éisträich duerch de Vertrag vu Campo-Formio vum 18. Oktober 1797, deen dem deemolegen internationale Recht entsprach huet, unerkannt huet, dass den Territoire vum haitege Groussherzogtum Lëtzebuerg Deel vun der franséischer Republik ginn ass. Déi franséisch Herrschaft war esou legitim.

An dësem Sënn:

ad 1. Ass d'Regierung der Meenung, dass et nach ëmmer kee Grond gëtt, fir an Diskussiounen mat Frankräich d'Restitutioun vun eventuelle Konschtgéigestänn ze fuerderen, well d'Regierung keng Kenntnis vu Konschtgéigestänn huet, déi tëscht 1793 an 1814 onrechtméisseg an de Besëtzt vum deemolege franséische Staat sollen iwwergaange sinn.

ad 2. Betreffend d'Reckféierung vu Konschtgéigestänn aus der Kolonialzäit aus Afrika verweist d'Regierung un déi existéierend Reglementatiounen a Recommendationen vun der UNESCO an dem International Council of Museums (ICOM), deen eng Restitutioun vun dësem Patrimoine encouragéiert, am Dialog mat den Nofueren vun de spoliéierte Communitäten a Leit, dëst ganz besonnesch, wat d'Restitutioun vu Konschtgéigestänn ugeet, déi während dem Zweete Weltkrich spoliéiert gi sinn, insbesonnesch am Kontext vun der Shoah, an och am Kontext vun der Kolonialzäit.

ad 3. Am Géigendeel zur Behauptung vum honorablen Deputéierten, dass et keng afrikanesch Staate virun der Dekolonisatioun gi sinn, muss een ënnersträichen, dass et eng ganz Partie politesch Strukturen, déi d'Historiker haut als Staate bezeechnen gi sinn, ier d'europäesch Kolonisatioun agesat huet.



ad 4. D'Regierung invitéiert den honorabelen Deputéierten sech selwer an der komplexer a laanger Geschicht vun der Entsteung vun de Nationalstaaten ze verdéiwen, eng Fro, déi de Kontext vun enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro sprengt géif. Et sief ënnert anerem dorobber higewisen, dass d'Belsch zum Beispill d'Joer 1830 als hiren Onofhängegkeetsdatum féiert, a Lëtzebuerg d'Joer 1839 - dëst, obwuel béid Staaten an hiren haitege Grenzen duerch déi nämleche Revolutioun a Kricher géint d'Kinnekräich vun den Niederlanden entstanen sinn. Et ass net d'Missiou vun d'Lëtzebuurger Kultuministère ze bestëmmen, ab wéini d'Onofhängegkeet vun engem auslännesche Staat historesch ze begrënnen ass. D'Regierung hält sech un den Droit international an un déi international Verträge, déi d'Relatiounen tëschent de Staate bestëmmen.

**Aides aux entreprises | Question 6083 (20/04/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)**

Bedéngt duerch international Entwécklungen, virun allem de Krich an der Ukrain, awer och d'Covidkris vun de leschte Joren, déi e substanzialen Afloss hat, huet d'Industrie a villen europäesche Länner Schwiegrakeeten, déi néideg Wueren a Rostoffer ze bezéien, fir d'Produktioun vun de jeeweilegen Endprodukter. An deem Kontext sinn och d'Liwwerketten dacks ënnerbrach. Och de Bausektor leit ënnert dësen Entwécklungen. Déi beschriwwen Ëmstänn féieren dacks dozou, datt och den Endverbraucher laang op Servicer oder Produkter waarden muss an datt dës iwwerdeems präislech och nach staark an d'Luucht ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Sinn dem Wirtschaftsministère bis dato zu Lëtzebuerg Fall bekannt, wou Firmen oder Betriber wéinst deenen uewe beschriwwenen Ëmstänn net méi wéi gewinnt funktionéieren kënnen?

2. Wa jo, ass d'Regierung iwwert de finanziell Schued vun deene jeeweilege Firmen oder Betriber am Bild?

3. Gedenkt d'Regierung dës Firmen oder Betriber finanziell ënnert d'Ärm ze gräifen an, wa jo, wéi sollen dës Hëllef konkret ausgesinn?

**Réponse commune (19/05/2022) de M. Franz Fayot, Ministère de l'Économie | M. Lex Delles, Ministère des Classes moyennes**

D'Ministère sinn sech bewusst, dass d'Pandemie esouwuel wéi de Krich an der Ukrain e negativen Impakt op d'Liwwerketten hunn, dëst am europäesche Bannemaart an doriwwer aus, an dass och déi Lëtzebuurger Betriber dovun betraff sinn. An deem Kontext gëtt op den Accord vun der Tripartite verwisen, wou all déi aktuell Problematik fir Betriber an Haushälter ugeschwat goufen an en Hëllefspak decideréit gouf, dee vun de Partner gedroen ass.

Fir Betriber déi Liquiditéitsproblemer am Zesummenhang mat de rezente Krisen hunn, huet d'Regierung viru Kuerzem ee Gesetzesprojet op den Instanzeweier bruecht, fir Präten duerch Staatsgarantie méi accessibel ze maachen. E weidere Gesetzesprojet gëtt deemnächst och vun der Regierung deposéiert, fir energointensive Betriber duerch Bähëllef ze hëllefen d'Méikäschen, déi duerch d'Hausse vun den Energiepräisser wéinst dem Ukrain-Krich entstinn, ze decken.

All Staatshëllef ass europäesche Reegelen ënnerluecht an ee Memberstaat ka keng Staatshëllef

virgesinn, ouni d'Averständnis vun der EU-Kommissioun. Aktuell ginn et keng Reegelen, déi et géifen erlaube spezifesch Staatshëllef u Betriber ze accordéieren, déi wéinst Stéierung vun de Liwwerkette Problemer hunn. D'Regierung wäert dës Problematik weiderhi suivéieren.

**Reporting des TCSP | Question 6084 (20/04/2022) de Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)**

En réponse à ma question parlementaire du 7 mars 2022 enregistrée sous le numéro 5895, Madame la Ministre des Finances rappelle que les prestataires de services aux sociétés et fiducies (angl. : Trust and Company Service Providers/TCSP) sont obligés par la loi du 19 décembre 2020 relative à la mise en œuvre de mesures restrictives en matière financière d'appliquer les sanctions. Ils sont par ailleurs tenus à fournir immédiatement les informations concernant les comptes et montants gelés.

Notons au passage que selon un article de presse paru sur delano.lu le 1<sup>er</sup> avril 2022, il existerait au Luxembourg 75 entités non régulées en lien avec des personnes qui figurent sur la liste de sanctions de l'UE. Étant donné que ces entités ne sont pas soumises au contrôle de la CSSF, les TCSP sont tenus à notifier directement aux autorités gouvernementales d'éventuels mesures restrictives qu'elles ont implémentées dans le cadre des sanctions.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances :

1) Combien de TCSP ont adressé aux autorités gouvernementales des rapports concernant le gel de fonds et ressources économiques appartenant à des entités non régulées tombant sous le régime des sanctions dans le contexte de la guerre en Ukraine ?

2) Pouvez-vous me fournir le nombre d'entités non régulées concernées, ainsi que les montants effectivement gelés par les TCSP avec les dates correspondantes ?

L'article 6 de la loi susmentionnée stipule que la Ministre des Finances peut délivrer exceptionnellement des autorisations dérogatoires aux mesures restrictives imposées.

3) Est-ce que Madame la Ministre a délivré des autorisations dérogatoires aux mesures restrictives à des TCSP ? Dans l'affirmative, pouvez-vous me donner des détails sur ces autorisations dérogatoires ?

**Réponse (27/05/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministère des Finances**

Les prestataires de services aux sociétés et fiducies sont obligés de respecter le cadre légal luxembourgeois et européen. En particulier, ces entités, comme tout autre opérateur établi au Luxembourg, sont obligées de mettre en œuvre les mesures restrictives prises à l'égard de la Russie.

Les prestataires de services aux sociétés et fiducies ne procèdent pas aux gels de fonds à moins qu'ils ne détiennent ces actifs sur leurs propres comptes pour leurs clients respectifs. La plupart des gels se font à travers les établissements de crédits auprès desquels les entités concernées détiennent des comptes. De ce fait, le Ministère des Finances n'a pas reçu de notifications se rapportant à des gels de fonds opérés par lesdits professionnels.

Concernant la dernière question, veuillez noter que le Ministère des Finances n'a pas émis à ce jour d'autorisations dérogatoires à destination des prestataires de services.

**Cotisations sociales | Question 6087 (22/04/2022) de M. Gusty Graas (DP)**

Déi mat Spannung erwaarte Reform vum Gemengesetz soll déi lokal politesch Mandatar an Zukunft valoriséieren a méi attraktiv gestalten. Déi finanziell Remuneration spillt an deem Kontext eng Nieweroll. Allerdéngs ass et erstaunlech, dass d'Lokalpolitiker, säit dem Steuerjoer 2020, schéngen op hire Jetons de présence (Kommissiounen, Syndikater, asw.) Kotisation fir d'Sécurité sociale mussen ze bezuelen, wat fir Onzefriddenheet suert.

An deem Kader wollt ech der Madamm Inneministesch an dem Här Minister fir sozial Sécherheet folgend Froen stellen:

1. Kënnen d'Ministère dat confirméieren?

2. Wa jo, wat sinn d'Grënn firwat dës finanziell Kontributioun vum Steuerjoer 2020 u vum Lokalpolitiker muss iwwerholl ginn?

3. Sinn d'Ministère der Meenung, dass dës finanziell Kontributioun justifiéiert ass?

4. Gouf et en Echange mam Syvicol iwwert dës Sujet?

5. Goufen d'Gemengeverrieder doriwwer am Virfeld informéiert?

**Réponse commune (07/06/2022) de M. Claude Haagen, Ministère de la Sécurité sociale | Mme Taina Bofferding, Ministère de l'Intérieur | Mme Yuriko Backes, Ministère des Finances**

Et kann ee confirméieren, datt op d'Jetons de présence an d'Indemnitéit vun de Membere vum Gemengerot an de Membere vum Schäfferot Sozialkotiatiounen ofgehalen ginn, sou wéi dat och scho virun 2020 an de gesetzleche Bestëmmunge virgesi wor.

D'Entscheidung fir d'Ausübe vu Funktiounen an de Gemengesyndikater ginn als Akommes vu Selbstännege (revenu provenant de l'exercice d'une profession libérale) agestuft, an d'Sozialkotiatioun ginn dann doropshin, wéi dat fir all Akommes vun engem selbstännege Aarbechter de Fall ass, berechent.

D'Entscheidung ginn dem Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) säit 2020 elektronesch vun der Steuerverwaltung matgedeelt. De CCSS schéckt da fir dat aktuell Joer e Bréif un déi betraffe Persoun, mat der Demande, dem CCSS d'Source vun de Revenu matzedeele. Nodeems de CCSS d'Informatiounen iwwert déi verschidde Revenu kritt huet, analyséiert de CCSS déi verschidde Akommesquellen a berechent d'Sozialkotiatiounen no de gesetzleche Bestëmmungen.

D'Bestëmmunge vum Code vun der sozialer Sécherheet gesinn awer elo scho vir, datt eng Persoun kann eng Dispense vun der Affiliatioun a vum Paiement vun de Sozialkotiatiounen beim CCSS ufroen, wann de Revenu net méi wéi een Drëttel vum järeleche Mindestloun depasséiert.

De concernéierte gewielte Gemengeverrieder kritt och e Bréif, deen hien iwwert d'Verpflichtung informéiert, sech ze affiliéieren, ier de Kontenauszuuch vum CCSS verschéckt gëtt. Dobäi ass ze präziséieren, datt d'Kotiatiounen, déi bezuelt ginn, och vun de Steieren ofsetzbar sinn, wéi fir déi aner Revenuen och, déi kotiatiounsflüchtig sinn.

Aktuell lafen Echange tëschent de verschiddene Ministère a Verwaltungen, fir eng Léisung ze fannen, déi der spezifischer Situatioun vun de Gemengeverrieder besser Rechnung kann droen. Déi Piste wäerten dann am Detail och mam Syvicol diskutéiert ginn.



**Bénéficiaires de protection internationale en structure d'accueil** | Question **6088** (22/04/2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk)

À l'obtention du statut de protection internationale, les bénéficiaires de protection internationale (BPI) ont en règle générale un délai de douze mois pour quitter la structure accueil et trouver leur propre logement. Or, la crise du logement au Luxembourg fait en sorte que de nombreux BPI n'arrivent pas à trouver une habitation sur le marché et sont contraints de demeurer dans les structures d'accueil normalement prévues pour les demandeurs de protection internationale.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Asile :

1) Combien de BPI résident actuellement dans les structures d'accueil au Luxembourg ? Pouvez-vous me donner les chiffres aussi bien en termes absolus qu'en pourcentage des places disponibles ?

2) Quelles sont les tendances qu'on peut observer durant les dernières années concernant le pourcentage de BPI dans les structures d'accueil ? Monsieur le Ministre peut-il confirmer que ce pourcentage est en progression constante ?

3) Quelle est actuellement la durée de résidence moyenne d'un BPI en structure d'accueil ? Comment cette durée de résidence moyenne a-t-elle évolué durant les dernières années ?

4) Quelles initiatives sont actuellement entreprises par le Gouvernement pour remédier à ce problème ?

Un BPI peut être hébergé par une personne privée. Or, l'accueil doit se faire à titre gratuit et un retour en structure d'accueil est exclu. S'y ajoute que le BPI risque de perdre son droit au REVIS après une période transitoire d'un an et de se retrouver dans une situation où il est à charge de sa famille d'accueil.

5) Monsieur le Ministre est-il d'accord pour dire que ces dispositions ne sont pas de nature à encourager l'hébergement de BPI par des particuliers ? Est-il prévu de changer ces dispositions afin de promouvoir l'hébergement des BPI par des particuliers ?

En attendant qu'ils puissent quitter les structures d'accueil, les BPI doivent payer une participation pour leur logement dans la structure d'accueil. Le montant est fixé dans un engagement unilatéral à cet effet. Pour autant que les personnes concernées n'aient pas encore réussi à intégrer le marché du travail, cette participation est généralement couverte avec le Revenu d'inclusion sociale (REVIS) qu'elles peuvent percevoir.

6) Monsieur le Ministre peut-il me donner une idée de la hauteur de la participation demandée aux BPI ? Est-ce que ces montants varient selon les organismes responsables des structures d'accueil ? Quels calculs sous-tendent la fixation de la hauteur de la participation ?

Certains BPI qui vivent dans des foyers de l'ONA sont - pour des raisons diverses - en retard de paiement de leur loyer envers l'ONA. Selon mes informations, l'ONA engage régulièrement des procédures devant le juge de paix contre les BPI ayant accumulé de telles dettes.

7) Combien de procédures judiciaires ont-été lancées par l'ONA contre des BPI durant les trois dernières années pour cause de non-paiement de dettes accumulées envers l'ONA ?

8) Quelles ont été les mesures prises par l'ONA pour recouvrer les sommes manquantes avant d'engager une telle procédure ?

9) Quel pourcentage des montants demandés a effectivement été perçu après que les ordonnances de paiement ont été rendues ?

**Réponse commune** (24/05/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre de l'Immigration et de l'Asile | **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

ad 1) Au 30 avril 2022, 1.735 BPI sont hébergés dans les structures de l'ONA, représentant 46 % du nombre total de personnes hébergées dans le réseau DPI.

ad 2) Le pourcentage de BPI dans les structures d'accueil fluctue, mais le chiffre brut est en constante augmentation depuis 2017.

ad 3) La durée de résidence moyenne d'un BPI en structure d'accueil est actuellement de 600 jours. Cette moyenne a augmenté de manière constante ces dernières années.

ad 4) + 5) Cette mesure spécifique relative à une dérogation au principe de la communauté domestique prévu par la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au Revenu d'inclusion sociale (REVIS), permet aux personnes issues d'un des quatre cas de figure visés par l'article 4 (3) de ladite loi de bénéficier du REVIS sans être obligées de payer des frais en relation avec leur logement du fait qu'elles sont hébergées à titre gratuit.

Il a été décidé de limiter cette disposition garantissant le paiement de l'allocation d'inclusion intégrale comprenant la part couvrant les frais communs pour permettre aux bénéficiaires de trouver un logement autonome. Ce délai est considéré comme approprié par rapport aux autres bénéficiaires qui sont tenus de supporter leurs frais de logement ou qui tombent sous les dispositions de la communauté domestique.

En attendant les résultats de l'évaluation du dispositif du REVIS conformément à la motion votée par la Chambre des Députés lors du vote de la loi relative au REVIS, il n'est à l'heure actuelle pas prévu d'apporter un changement à cette disposition législative.

ad 6) Il est renvoyé aux réponses à la question parlementaire n° 0175 du 10 janvier 2019 respectivement n° 0602 du 4 avril 2019.

ad 7) Entre 2019 et ce jour, 110 procédures judiciaires pour cause de non-paiement de dettes accumulées ont été lancées contre des BPI.

ad 8) À titre liminaire, il convient de rappeler que l'ONA a pour mission principale d'accueillir et d'encadrer les DPI jusqu'à l'obtention de la protection internationale. Une fois le statut obtenu, les BPI sont acceptés pour une durée limitée dans les structures de l'ONA notamment pour pouvoir entamer sereinement les démarches nécessaires en vue de trouver un logement privé.

En contrepartie du logement temporairement mis à leur disposition, les BPI s'engagent à quitter les lieux au terme convenu et à payer chaque mois une indemnité d'occupation à l'ONA.

S'agissant du recouvrement des créances, il faut distinguer entre la phase pré-judiciaire et la procédure judiciaire proprement dite. Préalablement à toute procédure judiciaire en recouvrement de créances lancée par l'ONA, un rappel de paiement est adressé au BPI qui reprend le solde du montant à rembourser. Au cas où le rappel de paiement reste sans suite, l'intéressé(e) est mis(e) en demeure de payer sa dette dans les trois mois. À défaut d'y donner suite, la procédure judiciaire est entamée.

ad 9) Il est difficile, voire impossible de donner un tel pourcentage dans la mesure où a) les remboursements

effectués par les parties débitrices sont souvent échelonnés et irréguliers, b) les paiements sont effectués soit entre les mains de l'huissier de justice, soit directement sur le compte de l'ONA auprès de la Trésorerie de l'État, c) les montants remboursés peuvent varier d'un mois à l'autre.

**Exportation de produits alimentaires ukrainiens via l'Union européenne** | Question **6091** (25/04/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

De mëttlerweil zeréckgetruedenen ukrainesche Landwirtschaftsminister, Roman Leshchenko, huet sech rezent op EU-Niveau dofir staark gemaach, datt d'Ukrain hir landwirtschaftlech Produkter um EU-Territoire iwwert de Landwee exportéiere soll kënnen, fir dës ë. a. och iwwert d'Séihäfe vun de EU-Memberlänner un Drëttstaaten ze verschëffen an enger droender Liewensmëttelknappheet entgéintzewierken. An deem Kontext bestinn, wéi et schénkt, awer eng Rei bürokratesch Hürden. An deem Sënn huet de Roman Leshchenko ë. a. d'Aussetze vun der Exportlizenzregelung fir ukrainesch landwirtschaftlech Produkter gefuerdert. Vum Europapolitiker Norbert Lins, dee Virsëtzende vum Landwirtschaftsausschuss an der EU ass, heescht et iwwerdeems, datt e Brëif, dee vun alle Fraktiounen matgedroe gouf, un d'EU-Kommissioun geschéckt gouf, deen och d'Fuerderunge vum Roman Leshchenko opgräift.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister:

1. Ënnerstëtzt de Lëtzebuerger Landwirtschaftsminister explizitt déi uewe genannte Fuerderung, sech op EU-Niveau dofir staark ze maachen, datt d'Ukrain hir landwirtschaftlech Produkter um EU-Territoire iwwert de Landwee soll exportéiere kënnen?

2. Wéi eng Mesurë ka Lëtzebuerg elo konkret huelen, fir d'Ëmsetze vun dëser Fuerderung ze ënnerstëtzen?

**Réponse commune** (02/06/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural, Ministre de la Sécurité sociale | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Souwuel de Lëtzebuerger Landwirtschaftsminister wéi och de Mobilitéitsminister ënnerstëtzen explizitt all Mesuren, déi hëllef sollen, ukrainesch landwirtschaftlech Produkter iwwert den EU-Territoire an d'EU an an Drëttstaten ze exportéieren.

ad 2. De Transport vun ukrainesche landwirtschaftleche Produkter wäert net konkret iwwer Lëtzebuerger Territoire verlafen, an dofir ass och net geplangt fir spezifesch Mesuren ze huelen.

Op EU Niveau gëtt et eng informell Koordinatioun fir Problemer an der Logistik ze identifizéieren a konkret Solutiounen ze fannen. Nieft dësem reegelméissegem Austausch op héijem Niveau si verschidde Mesurë geholl ginn oder sinn amgaangen ausgeschafft ze ginn, fir den Transport vun ukrainesche landwirtschaftleche Produkter ze ënnerstëtzen. D'Lëtzebuerger Regierung ënnerstëtzt all déi Mesuren.

Am Moment gëtt grad un enger zäitweileger Liberalisatioun vum Gidderverkéier op der Strooss tëscht der EU an der Ukrain respektiv Moldawien geschafft.

Zudeem huet d'EU-Kommissioun den 12. Mee 2022 eng Kommunikatioun publizéiert zu engem EU-Aktionsplang fir Ënnerstëtzung ze leeschte beim Export vun ukrainesche landwirtschaftleche Produkter, dës Kommunikatioun heescht „Solidarity Lanes“ a gëtt vun eis ënnerstëtzt.



**Démantèlement des navires** | Question 6092 (25/04/2022) de **M. Charles Margue** (déi gréng)

Le recyclage des navires se fait principalement en dehors de l'Union européenne, notamment au Bangladesh, au Pakistan et en Inde. Selon des rapports d'ONG défendant les droits humains, ce travail est aussi effectué par des enfants. Il s'agit d'un travail dangereux qui mène souvent à des accidents de travail, avec de nombreux morts chaque année. Les substances nocives ont par ailleurs aussi un impact non négligeable sur la santé des travailleurs et sur l'environnement et impactent négativement la vie des communautés locales dont le milieu de vie est endommagé, voire détruit.

Selon les données de l'ONG « Shipbreaking Platform », depuis 2017, trois bateaux enregistrés au Luxembourg ont aussi été démantelés sous de telles conditions, en Inde et au Bangladesh.

Notons que le Gouvernement s'est engagé dans son accord de coalition de revoir les taxes d'immatriculation afin d'introduire le concept du « green shipping » et de moderniser sa législation maritime « afin de maintenir un registre maritime compétitif et de qualité respectant les standards internationaux en matière sociale et de sécurité environnementale et technique ».

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie :

1) Le Ministre peut-il confirmer que les trois navires prémentionnés enregistrés au Luxembourg ont été vendus à des marchands de ferraille tout en changeant de pavillon afin qu'ils puissent être démantelés en Inde respectivement au Pakistan ?

2) Comment le Ministre envisage-t-il faire en sorte que les navires enregistrés au Luxembourg ne soient plus démantelés sous de telles conditions ? Envisage-t-il adapter les règles relatives à l'immatriculation de navires au Luxembourg en y incluant les conditions de leur démantèlement ?

3) Tenant en compte l'accord de coalition, quel est l'état d'avancement de l'adaptation des taxes d'immatriculation selon le principe du « green shipping » ? Endéans quel délai le Ministre envisage-t-il présenter une proposition concrète ? Dans ce contexte, comment le Ministère définit-il le terme « green shipping » ? Est-il prévu de considérer non seulement l'impact environnemental des navires, mais bel et bien tout le cycle de vie des navires ?

4) Dans quelle mesure le Gouvernement s'engage-t-il au niveau européen et international en faveur de règles plus contraignantes afin de mettre fin au démantèlement de navires sous des conditions de travail indignes (contraires au droit du travail et de la protection des enfants) et néfastes pour l'environnement ?

**Réponse** (25/05/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

Les trois navires auxquels l'honorable Député fait référence n'ont jamais été enregistrés sous pavillon luxembourgeois même s'ils étaient détenus par des sociétés luxembourgeoises. Or, le respect de la Convention de Hong Kong relative au démantèlement des navires revient à l'État de pavillon du navire. La compétence du Commissariat aux affaires maritimes luxembourgeois est limitée aux navires sous pavillon luxembourgeois.

Le démantèlement des navires enregistrés sous pavillon luxembourgeois est encadré par la réglementation européenne afférente. Le règlement européen

1257/2013 sur le démantèlement des navires vise à réduire l'impact négatif lié au démantèlement des navires battant pavillon européen, sans attendre l'entrée en vigueur de la Convention de Hong Kong. Similaire à cette convention, le règlement européen ajoute toutefois un certain nombre d'exigences tels que l'ajout de produits à référencer dans l'inventaire des matières dangereuses du navire (IHM - Inventory of Hazardous Materials) et des exigences plus élevées pour les chantiers de démolition.

Ce règlement européen est applicable dans son intégralité depuis le 31 décembre 2018. Il s'applique à tous les navires de 500 GT (Gross Tonnage) et plus qui battent pavillon d'un pays de l'UE ainsi qu'aux navires non-UE qui font escale dans un port européen.

Par ailleurs, un inventaire des matériaux dangereux doit être réalisé et présent à bord :

- des navires UE prêts pour le recyclage depuis le 31 décembre 2016,
- des navires neufs UE depuis le 31 décembre 2018,
- des navires existants UE et des navires non UE faisant escale dans les ports UE à partir du 31 décembre 2020.

Ce règlement prévoit également que les navires battant pavillon d'un État membre soient obligatoirement démantelés dans un chantier approuvé par la Commission européenne. La liste des chantiers approuvés, mise à jour en janvier 2020, comptabilise 41 chantiers dont 7 seulement se situent en dehors de l'Europe : 6 en Turquie et 1 aux États-Unis (<https://eurlex.europa.eu/legal-content/FR/ALL/?uri=CELEX:32013R1257>).

En matière d'incitation au « green shipping » il s'avère que les taxes d'immatriculation n'offrent qu'une très faible marge de motivation, étant donné leur montant relativement bas. L'outil le plus effectif reste le système des crédits à l'investissement couvrant l'acquisition de nouveaux navires, qui répondant ainsi aux normes les plus récentes et les plus sévères d'application au secteur. Le Ministre de l'Économie a chargé le Commissariat aux affaires maritimes de procéder à une vérification dans les prochains mois afin d'avancer dans la voie du « green shipping ».

Les conventions internationales, tout comme les directives et règlements européens, tiennent d'ores et déjà compte de tout le cycle de vie des navires et elles ne cessent d'évoluer dans le sens d'une protection environnementale et sociale de plus en plus poussée. Le respect de ces règles sur les navires est d'ailleurs régulièrement vérifié, d'une part lors des inspections organisées par l'État de pavillon et d'autre part lors de contrôles portuaires effectués à l'occasion des escales dans les pays européens ou tiers. Les résultats de ces contrôles sont régulièrement publiés.

L'Administration maritime luxembourgeoise est favorable et contribue à faire évoluer les règles et normes en Europe et dans le monde dans le souci d'une durabilité plus poussée et offre tout le soutien possible aux armateurs qui envisagent d'investir dans les nouvelles technologies visant la protection de l'environnement.

Tout comme dans le domaine de la pollution maritime ou des émissions des gaz à effet de serre, le Luxembourg s'engage au respect des normes prescrites aussi bien au niveau européen qu'au niveau international.

En conclusion, le Luxembourg respecte depuis toujours les règles prescrites en matière de démantèlement des navires. Avec une moyenne d'âge de la flotte de moins de 13 ans, la flotte luxembourgeoise est parmi les plus jeunes, sinon la plus jeune en Europe

et le Commissariat aux affaires maritimes n'a actuellement connaissance d'aucun navire ayant été démantelé alors qu'il battait pavillon luxembourgeois.

**Logements pour étudiants** | Question 6094 (25/04/2022) de **M. Yves Cruchten** (LSAP)

Une nouvelle mesure visant à limiter la durée de location des logements étudiants est actuellement annoncée sur le site Internet de l'Université du Luxembourg. La mesure est justifiée comme suit :

« Bien qu'elle [l'Université du Luxembourg] dispose d'un parc de 1.000 logements pour étudiants, elle n'est pas en mesure de satisfaire toutes les demandes d'hébergement des étudiants. »

Par conséquent, la durée de location maximale des étudiants est limitée à la durée normale des études de 36 mois (bachelor) et de 24 mois (master). Quant aux doctorants, la durée maximale de séjour ne peut dépasser 24 mois, même que la durée normale d'un doctorat comprend 48 mois. D'ailleurs, aucun contrat de location ne sera proposé aux étudiants ayant changé le programme d'études ou ayant besoin de plus de temps pour boucler les études. Ainsi, la mesure s'oppose au principe de l'Aide financière de l'État (AideFi), qui prévoit l'accordement d'une bourse pour « un nombre d'années d'études dépassant de deux semestres la durée officiellement prévue ». Par conséquent, les étudiants sont soumis à plusieurs contraintes. En raison du risque de perdre l'accès au logement, ils ne peuvent pas se permettre d'échouer ou de changer de discipline. Notamment les étudiants en provenance de pays tiers se voient dans une situation difficile, étant donné que leur titre de séjour est accompagné d'une adresse valide. Bien qu'il y ait une pénurie de logements, le nombre de logements pour étudiants a diminué de 3 % en 2018, passant de 1.122 en 2017 à 1.087. À cet égard, il faut saluer le projet « Logements Porte de France » qui prévoit la construction de 120 nouveaux logements pour étudiants.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Logement et à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

- Combien d'étudiants sont concernés par la nouvelle mesure et sont donc amenés à quitter le logement de l'université ?

- Y a-t-il des cas de rigueur où une prolongation de la durée de séjour peut être envisagée ?

- Comment le taux des logements pour étudiants a-t-il évolué depuis 2018 ?

- À part le projet « Logements Porte de France », combien de logements pour étudiants sont en planification ?

- Combien d'étudiants se trouvent actuellement sur une liste d'attente pour un logement étudiant et de quelle manière ce nombre a-t-il évolué depuis 2018 ?

- Est-ce que Messieurs les Ministres entendent intervenir auprès de l'Université du Luxembourg au vu d'une prolongation éventuelle de la durée maximale de location et d'un alignement aux principes retenus pour l'aide financière de l'État ?

**Réponse commune** (24/05/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. Henri Kox**, Ministre du Logement

L'Université du Luxembourg offre des logements à des étudiants depuis l'année académique 2005-2006.



Il est important de noter que le logement étudiant est un instrument clé pour faciliter l'accès à l'enseignement supérieur.

Selon la base de données « Eurostudent », en moyenne 18 % des étudiants universitaires en Europe vivent dans un logement étudiant. Ce type de logement est particulièrement utilisé par les étudiants étrangers, les étudiants âgés de moins de 22 ans et les étudiants qui dépendent de l'aide publique nationale. Le besoin en logements abordables est particulièrement fort au début des études, puis diminue souvent avec le temps lorsque les étudiants s'installent en colocation avec des pairs ou des partenaires et passent à d'autres formes de logement qui conviennent le mieux à leur développement personnel et professionnel.

Le nombre d'unités dans le parc de logements pour étudiants géré par l'Université du Luxembourg est passé de 1.091 en l'année académique 2018-2019 à 985 en 2021-2022, avec un taux d'occupation qui varie entre 96,4 % et 99,7 %. Le nombre de chambres disponibles à l'université par rapport au nombre total d'étudiants (bachelor, master et PhD) se situait entre 19,9 % en 2018/2019 et 16,2 % en 2021/2022. Ce pourcentage est donc très proche de la moyenne européenne.

La raison de la baisse du nombre de logements est notamment la fermeture temporaire de la grande résidence « Les Dominicaines » à Luxembourg-ville pour des raisons sanitaires nécessitant des travaux de rénovation. D'autres résidences plus petites gérées par l'université ont été fermées temporairement ou définitivement pour raison de sécurité ou parce que leurs propriétaires souhaitent les utiliser à d'autres fins.

Face à une demande nettement supérieure à l'offre, et dans une démarche d'équité, l'Université du Luxembourg a récemment introduit une nouvelle mesure qui consiste à limiter la durée de location des logements étudiants. Il s'agit d'une pratique courante dans de nombreuses universités, notamment pour permettre à davantage d'étudiants de bénéficier d'un logement adéquat et abordable au cours de leurs études.

Cette mesure sera applicable à partir de septembre 2022. Les nouveaux étudiants en bachelor et master seront informés en amont de la signature que la durée totale du bail ne pourra dépasser la durée normale des études : 24 mois pour les étudiants en master (4 semestres) ou 36 mois pour les étudiants en bachelor (6 semestres). Les locataires actuels bénéficieront d'une clause grand-père jusqu'à la fin de leurs études. Quant aux doctorants, la nouvelle règle de 24 mois s'applique aux étudiants arrivés à partir du 1<sup>er</sup> mars 2022. Des exceptions à la nouvelle mesure seront possibles pour des raisons médicales ou en cas de force majeure.

En 2019, environ 350 personnes figuraient sur la liste d'attente pour obtenir une chambre dans le parc de logements universitaire. Suite à la pandémie, il n'y avait plus de liste d'attente en 2020. En 2021, une forte augmentation des demandes ainsi qu'un nombre très faible de logements libérés ont considérablement aggravé la pénurie de chambres, ce qui a mené à une liste d'attente de 650 personnes en automne 2021.

Suite à l'application de la nouvelle mesure relative à la durée de séjour, un plus grand nombre de logements sera progressivement libéré, ce qui permettra de répondre mieux aux nouvelles demandes dans l'avenir.

En plus de la future résidence « Porte de France » planifiée à Esch-Belval, d'autres projets sont en cours de

planification, mais n'ont toutefois pas encore confirmés.

#### Recrutement d'enseignants ukrainiens | Question 6095 (26/04/2022) de M. Fred Keup (ADR)

An deene leschte Woche si vum Schoulministère grouss Ustrengungen ënnerholl ginn, fir ukrainesch Flüchtlingkanner ze scolariséieren. Dobäi goufen och keng Beméiunge gescheit, fir ukrainescht Léierpersonal ze rekrutéieren. Leider goufen an deem Zesammenhank bedenklech bürokratesch Prozeduren applizéiert. Déi ukrainesch Pedagoge goufen, wéi am Tageblatt vum 21. Abrëll nozeliess war („En français, svp!“), virun administrativ Hürde gestallt, déi am Hëllef op d'Erausfuhrung, déi et ze stemme gëllt, nämlech d'Scolarisation vum Honnerte vu Flüchtlingkanner, kaum novollzéierbar sinn.

D'Léierpersonal aus der Ukrain huet missen eng Hellewull vun Dokumenter ënnerschreiwen, déi all op Franséisch verfaasst waren, eng Sprooch, déi vun deene mannst Ukrainer verstane gëtt. Doriwwer eraus gouf dat ukrainescht Léierpersonal ugehalen, all hir Diplomer iwwersetzen, homologéieren a registréieren ze loossen, wat pro Dokument méi wéi 250 Euro kascht. Dobäi kënn, datt am Lëtzebuurger Schoulsystem deen éischte Salaire réischt no dräi Méint ausbezuelet gëtt, wat dat ukrainescht Léierpersonal virun zousätzlech finanziell Problemer stellt.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

- 1) Firwat goufen dem ukrainesche Léierpersonal déi administrativ Dokumenter, dorënner och den Aarbechtskontrakt, a franséischer Sprooch presentéiert, wuel wëssend, datt de gréissten Deel vun deene Persounen kee Franséisch kann? Firwat ass een an deem Kontext dem ukrainesche Léierpersonal net entgéintkomm an huet hinnen dës Dokumenter op Englesch virgelluecht?
- 2) Wat d'Ausstelle vu Kontrakter ugeet, stellt sech och eng méi allgemeng Fro: Firwat gi beim Lëtzebuurger Staat de gréissten Deel vun de Kontrakter just eesproocheg op Franséisch ausgestallt, ouni Iwwersetzung?
- 3) Firwat ginn an deem Kontext déi dräi administrativ Sproochen, Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch, net gläichwäerteg genotzt a behandelt?
- 4) Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt et net nëmme méi pragmatesch, mee och méi fair wier, deenen ukrainesche Léierpersounen d'Sue fir d'Iwwersetzung, d'Homologation an d'Registrierung vun hiren Diplomer virzestrecken a si wéinst der dramatescher Situatioun, an där si sech befannen, scho vum éischte Mount un ze bezuelen?

**Réponse commune (19/05/2022) de M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche | **M. Marc Hansen,** Ministre de la Fonction publique

ad 1. Dat modifizéiert Gesetz vum 24. Februar 1984 iwwert de Sproocheregimm (loi modifiée du 24 février sur le régime de langues) gesäit vir, datt am administrative Beräich, souwéi am gerichtleche Beräich op déi franséisch, däitsch oder lëtzebuergesch Sprooch zeréckgegraff ka ginn. Englesch ass fir den administrative Beräich net virgesinn.

Et sief nach gesot, datt bei der Signature vum Kontrakt ganz dacks eng ukraineschsproocheg Persoun dobäi war, fir déi néideg Erklärungen ze ginn; wann net, war den Direkter do fir d'Erklärungen op Englesch ze ginn.

ad 2. + 3. Och wann am administrative Beräich op dräi Sproochen dierf zeréckgegraff ginn, sinn d'Kontrakter vu mengem Ministère alleguer op Franséisch redigéiert. Dëst net nëmme well d'Franséisch d'Sprooch vun eiser Legislatioun ass, mee och fir all Mëssverständnisse oder Interpretationsproblemer ze verhënneren an eng Eenheetlechkeet ze garantéieren.

Wat d'Informatiounen iwwert d'Prozedur fir d'akademesch Unerkennung vun Héichschoulqualifikatiounen ubelaangt, sief ënnerstrach, datt déi souwuel um Internetsite vum Ministère fir Héichschoul a Fuerschung ([www.mesr.gouvernement.lu](http://www.mesr.gouvernement.lu)), wéi och op Guichet.lu, op dräi Sproochen, nämlech Franséisch, Däitsch an Englesch, verfügbar sinn. Och d'Formulair fir d'Demandé sinn op dësen dräi Sproochen disponibel, an dat selwecht gëllt fir d'Online-Demarche iwwer MyGuichet.lu, déi virun e puer Méint fir dës Prozeduren agericht gouf.

ad 4. Dat ukrainescht Léierpersonal gëtt wéi all net ukrainescht Léierpersonal och, bezuelet esoubal de ganzen Dossier traitéiert a validéiert ass. De Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État (CGPO) kann eréischt eng Pai ausbezuelen esoubal den Dossier komplett ass.

Agenten, déi op Deklaratioun schaffen, kënnen hir Deklaratioun och schonn direkt no all Mount eraarechen, fir datt de geschëllte Betrag schnellstméiglech bezuelet gëtt.

#### Rescrits fiscaux | Question 6096 (26/04/2022) de M. Laurent Mosar (CSV)

Dans le sillage de l'affaire dite « LuxLetters », le Gouvernement s'était exprimé dans un communiqué du 1<sup>er</sup> juillet 2021 de la manière suivante :

« Le Gouvernement luxembourgeois prend note de la publication d'une série d'articles dans la presse internationale concernant de prétendus accords fiscaux informels et réfute les nombreuses allégations sur les pratiques de rulings fiscaux au Luxembourg. Plus particulièrement les affirmations selon lesquelles il existerait une sorte de pratique administrative impliquant de soi-disant « lettres d'information » s'avèrent infondées. »

Il a en même temps profité de l'occasion pour souligner :

« Au Luxembourg, les rulings sont strictement réglementés. Les accords anticipés émis par l'Administration fiscale luxembourgeoise sont délivrés par une commission des rulings anticipés et sont valables pour une période maximale de cinq ans. Le nombre de ces rulings a considérablement diminué pour atteindre 44 en 2020, ce qui correspond à une baisse de plus de -90 % entre 2015 et 2020. »

Un récent article paru dans le « Luxembourg Times » intitulé « More controversial tax rulings in Luxembourg in 2021 » semble augurer sinon une tendance, au moins une rupture de cette tendance baissière.

Au vu de ce qui précède, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre des Finances :

- Madame le Ministre peut-elle me fournir les chiffres officiels en matière de rulings accordés par l'Administration fiscale luxembourgeoise en 2021 ? Madame le Ministre peut-elle également me fournir ces mêmes données pour les années 2015 à 2020 ?

- Une éventuelle hausse de ces accords fiscaux en 2021 peut-elle également être constatée dans d'autres pays de l'Union européenne ? À défaut, comment Madame le Ministre s'explique-t-elle cette hausse au Luxembourg ?



- Madame le Ministre peut-elle m'expliquer en quoi ces rescrits fiscaux seraient « controversés » ?

**Réponse** (23/05/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Dans sa question parlementaire, l'honorable Député fait référence à un récent article dans la presse concernant les rescrits fiscaux.

D'emblée, il convient de préciser que les statistiques concernant les décisions fiscales anticipées sont publiées annuellement dans les rapports d'activités de l'Administration des contributions directes (ACD). Le tableau ci-dessous reprend les chiffres en matière de décisions fiscales anticipées émises par l'ACD pour la période 2015 à 2021, étant précisé que ces chiffres incluent aussi les décisions anticipées relatives à des demandes en matière de prix de transfert (« advance pricing agreements »).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

En ce qui concerne la deuxième question de l'honorable Député, il y a lieu de noter que le Ministère des Finances ne dispose pas de telles statistiques en lien avec les décisions anticipées émises par d'autres pays de l'Union européenne. D'autre part, la légère hausse du nombre de décisions anticipées accordées en 2021 par rapport à l'année 2020 n'est pas liée à des facteurs explicatifs spécifiques de sorte qu'il n'est pas possible d'en tirer des conclusions dans un sens ou dans un autre. En tout état de cause, il convient de rappeler qu'une décision fiscale anticipée vise à confirmer l'application et l'interprétation de la loi fiscale à une ou plusieurs opérations économiques envisagées par le contribuable et ne peut emporter exemption ou modération d'impôt.

L'utilisation du qualificatif « controversé » pour décrire les décisions anticipées provient de l'article de presse auquel fait référence l'honorable Député dans sa question parlementaire. Il n'appartient pas au Ministère des Finances de commenter la terminologie utilisée par des journalistes.

**Transfert de la pharmacie de Vianden vers la commune de Tandel** | Question 6097 (26/04/2022) de **M. André Bauler** (DP)

J'ai appris par la presse que la pharmacie de Vianden devait être transférée à Fohren dans la commune voisine de Tandel, à proximité d'un cabinet médicale qui reste à créer.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

- Existe-t-il actuellement une demande concrète de transfert de la pharmacie de Vianden vers la commune de Tandel ?

- Le Ministère de la Santé a-t-il déjà eu des entretiens ou des échanges écrits avec les autorités communales compétentes ?

Dans l'affirmative, quelles conclusions en ont été tirées ?

- Le ministère est-il prêt à transférer la concession liée à l'ouverture d'une pharmacie de la commune de Vianden à la commune de Tandel ?

**Réponse** (23/05/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

À ce jour, le Ministère de la Santé n'a pas été saisi d'une demande concrète pour le transfert de la concession de Vianden.

Le Ministère de la Santé a eu un échange avec le mandataire d'une autorité communale compétente.

La pharmacie de Vianden a été créée sous l'empire de l'ordonnance royale grand-ducale du 18 octobre 1841 et reste soumise au régime légal issu de ladite ordonnance.

Dans ce cadre légal, le Ministère de la Santé n'est pas compétent pour autoriser ou refuser un transfert d'une pharmacie.

En effet, contrairement à la loi modifiée du 4 juillet 1973 concernant le régime de la pharmacie, applicable aux concessions de pharmacie, l'ordonnance du 18 octobre 1841 précitée ne prévoit pas de base juridique pour trancher une demande de transfert de pharmacie.

Dès lors, aucune autorité administrative ne dispose de la compétence pour autoriser leur transfert dans une autre ville ou commune.

**Incidents à l'ambassade de Russie** | Question 6101 (26/04/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

D'„Wiener Übereinkommen über diplomatische Beziehungen“ schreibt de Gaaschtländer am Émgang mat auslänneschen Ambassaden am Artikel 22 Paragraph 2 déi folgend Flichte vir: „Der Empfangsstaat hat die besondere Pflicht, alle geeigneten Massnahmen zu treffen, um die Räumlichkeiten der Mission vor jedem Eindringen und jeder Beschädigung zu schützen und um zu verhindern, dass der Friede der Mission gestört oder ihre Würde beeinträchtigt wird.“

Rezent kouw et awer souwuel zu materielle wéi och zu psychologeschen Iwwergrëffer op déi russesch Ambassade zu Lëtzebuerg, déi och en Echo an der internationaler Presse fonnt hunn. Sou gouf d'Gebai engersäits mat Graffiti besprayt an anerersäits gouf och en Imitat vun engem Verkëiersschëld opgestallt, wat um Wee bei d'Vertriedung vun der russescher Federatioun zu Lëtzebuerg folgend Destinatioun ugëtt: „Ambassade de Poutine, criminel de guerre“.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill där beschriwwener Fäll zënter dem 24. Februar dokumentéiert goufen a wéi oft se zu enger Enquête duerch déi zoustänneg Autoritéite gefouert hunn?

2. Wéi eng Konsequenzen zitt d'Regierung aus dëse Virfäll, fir d'russescher Vertriedung an Zukunft méi effikass ze schützen? Wéi beurteelt d'Regierung an deem Kader hir eege Roll als Empfangsstaat an ass si der Meenung, datt si hir Flichten, déi heiraus ervirginn, a leschter Zäit ëmmer am néidege Mooss wouergeholl huet?

**Réponse commune** (23/05/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. D'Datebanke vun der Police erméiglechen et net, eng automatiséiert Recherche op Incidenten, déi sech exklusiv op d'russesche Ambassade bezéien, ze maachen.

All Virfall, fir deen d'Police geruff gëtt an deen e Verstooss géint déi bestoend Legislatioun duerstellt, muss ëmmer de Justizautoritéite gemellt ginn. Ab deem Zäitpunkt sinn d'Justizautoritéiten aleng zoustänneg fir de Suivi vun der Enquête.

ad 2. Auslännesch Vertriedungen zu Lëtzebuerg ënnerleien engem spezielle Sécherheetsdispositif vun der Police. Dëse Sécherheetsdispositif gëtt

kontinuëierlech evaluéiert an der jeeweileger Be-  
droungslag entspriechend ugepasst.

**Encadrement psychologique de l'armée** | Question 6103 (26/04/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Et kommen ëmmer nees ganz interessant Virschléi, fir den Déngscht un der Waff méi attraktiv ze maachen. Dobäi gëtt och net vergiess, datt net just zaldotesch Effikassitéit, mee och dat kierperlecht a geeschtegt Wuelbefanne vun de Militär wichteg sinn. Dat weist och d'Fuerderung no enger adequater psychologescher Betreuer. An deem Kader wëllt ech dem Här Verdeedegungsminister dës Froe stellen:

1. Huet d'Lëtzebuurger Arméi opgrond vun hiren Auslandsasätz scho mat Fäll vu PTSD (Post Traumatic Stress Syndrome) ze di gehat?

2. Wa jo, sinn déi Leit heiheem oder am Ausland behandelt ginn? An zivilen oder militäreschen Infrastrukturen?

3. Wat ass geplangt fir d'Preventioun ze verbesseren an, am Fall vun engem Problem, besser kënnen ze hëllefen?

**Réponse** (18/05/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Défense

ad 1. Jo.

ad 2. D'Leit sinn zu Lëtzebuerg an am Ausland, haapt-sächlech an zivilen Infrastrukturen, behandelt ginn.

ad 3. Am Kader vun der Preparatioun op d'Auslandsmissioun gëtt drop higeschafft, dass d'Leit léiere mat Stress eens ze ginn an dass se dësen, wa méiglech a bis zu engem gewëssene Grad, selwer ofgebaut kréien. Sou gesäit de Preventiounsplang ënner anere Folgendes vir:

- Virum Ufank vun enger Auslandsmissioun gi vun engem Psycholog vun der Arméi op d'mannst zwee individuell Entretien mat all bedeelegte Militär ofgehal. Dës Entretien erméiglechen eng Risikoanalyse an eng mental Virbereedung op d'Schwierigkeeten an d'emotional Belaaschtung, déi mat der Missioun verbonne sinn.

- De Premissiounstraining an d'psychologesche Entretien erlaben et, den individuelle Militär hir Stressresistenz a Resilienz ze erhéien.

- Bei der Informationsversammlung fir d'Familien, déi virun der Auslandsmissioun organiséiert gëtt, ginn d'Militär an hir Familien op Unzechen a Symptomer vu PTSD sensibiliséiert an iwwert d'Schrëtt, déi beim Optrieden ënnerholl mussen ginn.

- No der Missioun ginn an engem individuelle Gespräch mat engem Psycholog vun der Arméi potenziell traumatesch Erlebnissen während der Missioun identifizéiert.

Meng Servicer schaffen des Weideren un der Ausarbeitung vun enger Gesetzesvirlag fir Militär, déi an enger Auslandsmissioun z. B. mat traumateschen Evenementer konfrontéiert goufen, eng besser Prise en charge ze erlaben.

**Bachelor en cultures européennes** | Question 6104 (26/04/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

D'Universitéit Lëtzebuerg offréiert fir dat nächst Semester en neie Bachelor a Lëtzebuurger Sprooch, Wëssenschaft a Literatur, dat am Kader vun de Bacheloren an europäescher Kultur, vun deenen et der domat sechs verschiddener gëtt. Als Debouché gesäit d'Uni fir dës Studenten haapt-sächlech de private



Sproochenunterrecht. Mam „Master in Secondary Education - Pathway Language and Luxembourgish Literature“ als weiderféierende Studium kënne si och an der Lëtzebuerger Schoul ënnerriichten.

Mir hunn an deem Zesammenhang dës Froen un den zoustänneg Här Educationsminister:

1. Wat fir Debouchéë genee gesäit den Här Minister an dësem neien Bachelor?
2. Ersetzt dësse Bachelor d'Formatioun fir Formateuren, déi op der Uni ugebuede ginn ass?
3. Ass séchergestallt, datt déi Diploméiert hir Schüler am Privatsektor kënne zertifizéieren, wat bei fréiere Studien net méiglech war?
4. Wäer bei deem Mangel u Lëtzebuerger-Enseignanten am Privatsektor an an der Schoul net och manner zäitintensiv Formatiounen, wéi den eejärege „Continuing Education“ Programm néideg?
5. Ersetzt hien (am Zesummspill mam „Master in Secondary Education“) och de „Master en langues, cultures et médias“, dee virduen op der Uni offéiert ginn ass?

**Réponse** (03/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

ad 1. Wéi den honorabelen Här Deputéierte schonns a senger Fro undeit, stellt den neie Bachelor a Lëtzebuerger Sprooch, Wëssenschaft a Kultur eng zousätzlech, sechst Voie de formation an den europäesche Studien duer, fir haaptsächlech e Masterstudium drunzehänken. De Bachelorofschloss vun der Formation Bachelor en cultures européennes - Lëtzebuerger Linguistik a Literatur (BCE-LUX) op der Universitéit Lëtzebuerg bitt ganz ënnerschiddlech Berufsméiglechkeeten, virrangeg déi vum Sproochenseignant an de private Sproocheschoulen, den Associatiounen oder och de Mengenen. Dës Weidere qualifizéiert den Diplom fir Posten am Kulturberäich an an der Öffentlechkeetsaarbecht. D'Qualifikatioun Bac+3 erfüllt d'Voraussetzung fir um Aarbechtsmaart kompetitiv ze sinn.

D'Formatioun am Beräich vun de Cultures européennes (Germanistik, Romanistik, Anglistik, Geschicht a Philosophie), deen een Drëttel vum Studium ausmécht, gëtt ausserdem Zougang zu weiderféierende Studien op Master-Niveau an dat am Beräich vun de Geeschteswëssenschaften, souwuel op der Universitéit Lëtzebuerg wéi am Ausland. En ass doriwwer eraus déi ideal Virbereedung op de „Master en enseignement secondaire - Filière langue et littérature luxembourgeoise“, deen op der Universitéit Lëtzebuerg ugebuede gëtt. Dësse Master ass d'Voraussetzung fir eng Carrière als Lëtzebuergereschproff am Enseignement.

D'Formatioun continue - Lëtzebuerger Sprooch a Kultur (FC) gëtt effektiv am Joer 2022/2023 net op der Universitéit Lëtzebuerg ugebuede. Aus organisatoreschen an zäitleche Grënn ass et nach net sécher, ob d'Formation continue méi spéit erëm wäert ugebuede ginn.

De BCE-LUX ersetzt keng Formatioun; et handelt sech ëm eng nei Formatioun, déi am Beräich vun der Lëtzebuerger Sprooch a Literatur spezialiséiert. De Master en langues, cultures et médias ass zënter 2018 am Master en enseignement secondaire - Filière langue et littérature luxembourgeoise integréiert. De Bachelor ass weider inhaltlech nach strukturell mat der Formation vergläichbar: déi sechs Semester regulär Studienzäit bidden eng wesentlech méi verdéiften a wäitgräifend Formatioun an alle Beräicher (Linguistik, Literatur, Didaktik) un. Déi programméiert Stagen

erlaaben et scho während dem Studium praktesch Erfahrung an der spéiderer Berufswelt ze sammelen.

ad 2. Wann d'Fro den Zertifikat viséiert fir Leit mat Première, déi mat dëser Zousatzformatioun d'Erlaabis kréien, am konventionéierte Sektour Lëtzebuergergeschoursen ze halen, dann ass d'Äntwert ganz kloer „Neen“: de Bachelor ersetzt net den Zertifikat fir Lëtzebuerger Sprooch a Kultur (ZLSK). Den ZLSK gëtt awer weiderhin um INL ugebuede. Diplomer/Zertifikater kënne an der Reegel nëmme vun den Institutiounen, déi d'Coursen ubidden, ausgestellt ginn.

ad 3. Den 30. Mee 2022 gouf de Projet de loi zur Reform vum INL deposéiert. Dësen Text definéiert den INL als Autoritéit fir d'Evaluatioun vun de Lëtzebuergergeschkompetenzen an zielt och déi méiglech Diplomer op. Selbstverständlech kann den INL ënner bestëmmte Konditiounen d'Fonction diplomante och weider reechen, wéi zum Beispill d'Goetheinstitut et och mécht.

ad 4. Ech mengen et wäert och am Sënn vum honorabelen Deputéierte sinn, datt den Enseignant vum Lëtzebuergeresch net manner forméiert muss si wéi seng Kolleeginnen a Kolleegen vun anere Sproochen. Ech wëll awer och drun erënneren, datt den ZLSK fir de konventionéierte Sektour an de Privatsektor erhale bleift. Am Lycée an am INL mussen awer Enseignantë mat Master ënnerriichten.

ad 5. Déi Fro läit am Ermessensspillraum vun eiser onofhängeger Universitéit.

#### Exécution des peines | Question 6105 (17/04/2022) de M. Pim Knaff (DP)

L'exécution des peines relève au Luxembourg du pouvoir exécutif, en l'espèce du Parquet général, avec possibilité d'un recours juridictionnel. Dans ce contexte, des demandes de libération conditionnelle ou anticipée, de transfert du Centre pénitentiaire de Luxembourg vers Givenich, de semi-libertés, d'exécution de peines à l'étranger et similaires doivent régulièrement être tranchées.

Il me revient que, depuis l'application de la nouvelle loi du 20 juillet 2018 sur l'exécution des peines, l'octroi de telles mesures serait régulièrement soumis à la condition du paiement intégral ou partiel des parties civiles et/ ou des frais de justice, et qu'une grande disparité des exigences serait manifeste.

Vu les conditions imposées, les condamnés se trouveraient parfois dans une situation de rejet de facto de leur demande. Une ligne directrice dans la prise des décisions serait indiscernable.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Justice :

- Existe-t-il des lignes conductrices en la matière ?

- Dans l'affirmative, lesquelles ?

- Dans la négative, quel outil permet aux justiciables une prévisibilité dans l'exécution de leur peine ?

**Réponse** (18/05/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

Les décisions relatives à l'exécution des peines sont de la compétence du Parquet général et plus particulièrement du délégué du procureur général d'État qui applique les dispositions du titre IX du Code de procédure pénale pour toiser les demandes qui lui sont adressées. Ces dispositions légales constituent ses lignes directrices pour répondre aux demandes des condamnés par des décisions susceptibles de recours devant la chambre de l'application des peines. Ces

articles visent à concilier les intérêts de la société, la sécurité publique, les droits des victimes, la prévention de la récidive ainsi que l'insertion et la resocialisation du condamné. Ainsi, chaque décision implique un examen in concreto et approfondi de la situation du condamné à la lumière des dispositions légales précitées. Ces lignes directrices sont clairement discernables, prévisibles et connues par les condamnés, leurs avocats, les conseillers en insertion et les agents de probation.

Ainsi, une décision de transfèrement au Centre pénitentiaire de Givenich et/ou d'octroi de la semi-liberté, par ailleurs réservée aux condamnés de la Grande Région et à ceux qui prétendent s'y établir de manière légale, est soumise de manière habituelle à la condition que le bénéficiaire ait commencé à payer l'amende et/ou les frais de justice et ait débuté l'indemnisation de la partie civile, sinon effectué au moins les démarches pour obtenir les coordonnées bancaires de la partie civile. Cette exigence s'inscrit tant dans le cadre des dispositions de l'article 672, paragraphe 2, que de l'article 682 du Code de procédure pénale. Il y a lieu de noter que, suivant les informations reçues de la part du Parquet général, depuis de longues années, le paiement intégral de l'amende et/ou des frais de justice ou encore de l'indemnisation de la partie civile n'a jamais été une condition pour l'octroi d'un transfèrement d'un détenu au Centre pénitentiaire de Givenich et/ou l'octroi de la semi-liberté.

S'il existe, le cas échéant, une disparité dans les exigences préalables à l'octroi de la semi-liberté, elle a trait, premièrement, à la durée de la peine déjà subie au Centre pénitentiaire de Luxembourg et partant à l'évolution et aux efforts réalisés en vue de l'insertion du condamné et, deuxièmement, au solde des frais de justice et/ou de l'indemnisation de la partie civile.

En ce qui concerne la libération conditionnelle, les prétendants résidents nationaux et ceux de la Grande Région doivent préalablement établir qu'ils sont en train de payer les frais de justice et le cas échéant l'amende et d'indemniser la partie civile. Par ailleurs, il est de plus en plus fréquent de lire, dans le dispositif des jugements rendus par la juridiction de jugement, un échéancier fixant l'indemnisation complète de la partie civile. Dans ce cas précis, les conditions liées à l'octroi de la libération conditionnelle tiennent compte de cet échéancier.

Pour finir, l'octroi d'une libération anticipée, qui est réservée aux condamnés étrangers en séjour irrégulier sur le territoire luxembourgeois et qui ont fait l'objet d'une interdiction de territoire, est effectivement soumis à la condition de paiement préalable et intégral tant de l'amende que des frais de la poursuite pénale. Le cas échéant, le bénéficiaire de la libération anticipée doit également justifier de l'indemnisation préalable et intégrale de la partie civile. Si la juridiction de jugement a condamné plusieurs débiteurs à indemniser une partie civile, le bénéficiaire d'une libération anticipée doit s'acquitter préalablement au moins du part de celle-ci.

L'exigence du paiement préalable et intégral des frais de justice, de l'amende et de l'indemnisation de la partie civile se justifie dans le cas d'une libération anticipée par le fait que le bénéficiaire doit quitter immédiatement le pays après avoir été élargi du centre pénitentiaire et qu'il n'est pas possible d'assortir la modalité du respect de conditions de contrôle par les agents de probation tel que cela est possible pour les bénéficiaires d'une libération conditionnelle comme le prévoit l'article 673, paragraphe 3, du Code de procédure pénale. Il y a lieu de noter que l'exigence quant au paiement préalable et intégral des



amendes, frais de justice et parties civiles peut être contestée devant la chambre de l'application des peines. En effet, le bénéficiaire d'une libération anticipée, à l'instar de ceux des autres modalités d'exécution des peines privatives de liberté reprises à l'article 673, paragraphe 1<sup>er</sup>, du Code de procédure pénale, est informé de son droit d'interjeter un recours contre la décision.

Pour finir, il est important de souligner que le service psycho-socio-éducatif (SPSE) du Centre pénitentiaire du Luxembourg informe les condamnés, susceptibles de bénéficier d'une libération conditionnelle ou anticipée, dès que leur condamnation est définitive, que l'octroi d'une telle mesure est de manière habituelle soumise aux conditions précitées. Dès lors, ils sont donc encouragés à ne pas retarder le début des paiements à l'égard de l'État du Grand-Duché de Luxembourg et des parties civiles.

**Télétravail au sein de la Police grand-ducale |**  
Question 6106 (27/04/2022) de **M. Dan Biancalana** (LSAP)

Il ressort du rapport d'activités 2020 de la Police grand-ducale que le télétravail a été introduit au sein de la police en novembre 2020. Ce rapport affirme que le télétravail est considéré comme un élément clé de l'orientation de la police. Ce même rapport précise que de nombreuses activités de la police ne sont pas compatibles avec le télétravail en raison de la nécessité d'une présence physique des agents dans le cadre de leurs interventions ou du travail avec des données sensibles.

Ainsi, je souhaiterais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

1) Quels sont les critères concrets au sein de la police qui déterminent si un fonctionnaire de police peut ou non pratiquer le télétravail ?

2) Le rapport susmentionné met en évidence la volonté de faire de la police une administration moderne. Dans ce contexte, les policiers patrouillant ont-ils également la possibilité de recourir au télétravail lorsqu'ils doivent rédiger des rapports ?

3) De quelle manière le télétravail sera-t-il développé et utilisé à l'avenir dans la police ?

4) Comment la police évalue-t-elle le télétravail en termes d'attractivité du métier de policier ?

**Réponse** (11/05/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1) Le télétravail au sein de la Police grand-ducale est réglé par une prescription de service qui définit les critères d'éligibilité comme suit :

« Une fonction éligible au télétravail se caractérise par des tâches réalisables en autonomie et au domicile du télétravailleur. Sont seuls concernés par le télétravail les agents effectuant un poste éligible au télétravail à partir du moment où ce poste est suffisamment digitalisé, aussi bien en ce qui concerne les équipements que les outils, documents et supports de travail. Même si certaines missions et tâches inhérentes à une fonction ne sont pas éligibles au télétravail, l'agent qui occupe cette fonction peut toutefois faire du télétravail dès qu'un volume suffisant d'activités éligibles au télétravail a été identifié. »

Les postes qui ne sont pas éligibles au télétravail sont également définis par une prescription de service. Ces postes sont ceux qui nécessitent une présence physique soit dans les locaux de l'administration, soit dans l'accomplissement de missions opérationnelles.

ad 2) Non. Les missions de policiers visés exigent de pouvoir intervenir à tout moment.

ad 3) Le télétravail n'ayant été introduit qu'en novembre 2020, il sera procédé prochainement à une évaluation.

ad 4) La Police grand-ducale considère que le télétravail ne représente pas un facteur significatif pour le choix du métier de policier. Il peut néanmoins jouer un rôle dans l'attractivité des métiers de support au sein de la police.

**Arrêt de la Cour de justice de l'Union européenne relatif à la directive sur le droit d'auteur |**  
Question 6108 (27/04/2022) de **M. Laurent Mosar** (CSV)

Le 26 avril 2022, la Cour de justice de l'Union européenne (CJUE) a confirmé l'article 17 controversé de la directive sur le droit d'auteur, ce qui signifie que les plateformes sont directement responsables des contenus protégés par le droit d'auteur téléchargés sur leurs sites et de leur retrait. Ainsi la Cour rejette le recours introduit par la Pologne à l'encontre de l'article susmentionné de la directive sur le droit d'auteur et les droits voisins dans le marché unique numérique.

Bien que la Cour ait reconnu la conformité de l'article 17, elle semble néanmoins exclure de fait l'utilisation d'outils de reconnaissance et de filtrage automatiques de contenus (« Upload-Filter »).

C'est dans ce contexte que je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Communications et des Médias et à Monsieur le Ministre de l'Économie :

- Quelle est la position de Messieurs les Ministres par rapport à l'arrêt précité de la Cour de justice de l'Union européenne ?

- Comment Messieurs les Ministres évaluent-ils son impact pour le Grand-Duché ?

- Au vu de cet arrêt de la CJUE, Messieurs les Ministres sont-ils d'avis que la transposition actuelle de l'article 17 en droit national est toujours conforme ?

• Dans la négative, en quoi consisterait une adaptation éventuelle ?

- En attendant, Messieurs les Ministres prévoient-ils la mise en place de mesures transitoires ?

• Dans l'affirmative, quelles seront ces mesures transitoires ?

• Dans la négative, comment Messieurs les Ministres entendent-ils procéder ?

**Réponse** (24/05/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

Le libellé de l'article 17 de la directive a été repris de manière littérale dans le cadre de la transposition de la directive en droit luxembourgeois. Dès lors, la législation nationale est conforme à l'arrêt de la Cour de justice de l'Union européenne, toutes les garanties prévues par la directive étant reprises telles quelles. L'équilibre entre les différents droits fondamentaux en jeu est maintenu et aucune adaptation ou mesure transitoire n'est donc à envisager.

**Télétravail au sein de la fonction publique |**  
Question 6115 (28/04/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Am Mee d'lescht Joer hat ech de Minister an enger parlamentarescher Fro op den Teletravail beim Staat ugeschwat. De Minister hat deemools erkläert, dass

d'Chefs d'administrations vum Staat hiren Employéén a Fonctionnairë bis zu véier Deeg Teletravail kënnen erméiglechen, „do, wou et Sënn mécht“.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir effentlechen Déngscht dës Froe stellen:

1. Huet sech tëschentzäitlech eppes un de Virgabe fir den Teletravail geännert? Falls jo, wat fir Ännerungen huet de Ministère erausginn?

2. Wäert et bei bis zu véier Deeg bléiwen an deene Servicer, wou et Sënn mécht?

3. Wéi vill Beamten hunn an deene leschte sechs Méint vum Télétravail profitéiert?

Wéi vill Deeg hunn d'Beamten an der Moyenne an der Woch vum Teletravail profitéiert?

**Réponse** (16/05/2022) de **M. Marc Hansen**, Ministre de la Fonction publique

D'Regierung hat den 23. Oktober 2020 entscheet, den Teletravail am effentlechen Déngscht bis zu maximal véier Deeg an der Woch ze autoriséieren. Mat der „lettre circulaire“ vum 4. März 2022 sinn elo dräi Deeg Teletravail an der Woch erlaabt, do, wou et méiglech ass an d'Funktoun et erlaabt.

Et ass dem Chef vun der Administratioun iwwerlooss, ob a wéi den Teletravail a senger Verwaltung ëmgesat gëtt. Mäi Ministère verfüügt iwwert keng Donnéeën, wat d'Unzuel vun de Beamte betrëfft, déi vum Teletravail an deene verschiddenen Administratioune Gebrauch maachen.

**Affaires de divorce actuellement pendantes devant les juges luxembourgeois |**  
Question 6119 (28/04/2022) de **Mme Martine Hansen** | **M. Gilles Roth** (CSV)

La loi du 27 juin 2018 instituant le juge aux affaires familiales et portant réforme du divorce et de l'autorité parentale a abrogé pour l'avenir le divorce pour faute et n'a laissé subsister que deux cas d'ouverture du divorce : le divorce par consentement mutuel et le divorce pour rupture irrémédiable des relations conjugales des conjoints.

Pour autant, l'article 15 de la prédite loi dispose que « Lorsqu'une action a été introduite avant l'entrée en vigueur de la présente loi, l'action est poursuivie et jugée conformément à la loi ancienne. Cette loi s'applique également en appel et en cassation. [...] »

C'est ainsi que nous aimerions poser les questions suivantes à Madame le Ministre :

1) Combien d'affaires introduites sous l'empire de l'ancienne législation sont actuellement encore pendantes devant les juridictions de l'arrondissement judiciaire de Luxembourg ?

2) Quid des affaires pendantes devant les juridictions de l'arrondissement judiciaire de Diekirch ?

3) Comment Madame le Ministre apprécie-t-elle cet état des choses ?

**Réponse** (23/05/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

ad 1) Actuellement, 16 affaires de divorce, introduites avant l'entrée en vigueur de la loi du 27 juin 2018 sont pendantes devant le tribunal d'arrondissement de Luxembourg. 84 procédures de liquidation de communauté résultant desdits divorces sont actuellement en cours.

46 affaires introduites sous l'empire de l'ancienne législation sont encore pendantes devant la Cour d'appel. Il s'agit presque exclusivement d'affaires où le



divorce a d'ores et déjà été prononcé, mais où des difficultés de liquidation de communauté persistent.

ad 2) 14 affaires de divorce régies par la loi ancienne sont actuellement pendantes devant le tribunal d'arrondissement de Diekirch. Les procédures de liquidation de communauté résultant desdits divorces ont été transférées à la chambre civile du tribunal d'arrondissement et se chiffrent à 32 affaires.

ad 3) Un objectif recherché par la réforme de 2018 était l'accélération de la procédure de divorce. La récente évaluation de la loi du 18 juin 2018 a confirmé que cet objectif a été atteint notamment moyennant le remplacement de la procédure écrite par une procédure orale.

En vertu des dispositions transitoires de l'article 15 de la loi du 18 juin 2018, les actions introduites avant l'entrée en vigueur de la loi de 2018 sont instruites et jugées conformément à la loi ancienne et ne bénéficient partant pas de l'accélération des procédures.

La lenteur de la procédure ancienne explique pourquoi l'ensemble des affaires régies par la loi ancienne n'a pas encore pu être évacué par les juridictions du pays. Il ressort néanmoins des chiffres renseignés ci-dessus que l'évacuation des affaires anciennes est en cours.

#### Concept de prise en charge néonatale | Question 6123 (29/04/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

De 7. Abrëll huet de Gesondheitsministère an den Sozialversécherungsministère per Communiqué matdeele gelooss, dass een Accord fonnt gi wier, fir d'Maternité vum CHdN erëm opzemaachen.

« En partenariat avec la Direction du CHL et le Service national de néonatalogie intensive du CHL, la Direction du CHdN a pu définir un ensemble de mesures qui permettront de garantir la prise en charge néonatale au CHdN et d'assurer la conformité avec la loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière. Le concept de prise en charge néonatale ainsi développé a été approuvé hier par la Ministre de la Santé Paulette Lenert sur avis favorable du directeur de la Santé et par le Ministre de la Sécurité sociale Claude Haagen. »

De 26. Abrëll sot d'Madamm Ministesch am Kader vun enger mëndlecher Fro:

„Eis Servicer vun der Santé sëtze mat um Dësch fir déi Léisungen do ze konzeptualiséieren [...] Déi Léisungen, déi hei musse fonnt ginn, mussen natierlech assuréieren, dass déi Standarde gesécher sinn. [...] Dat sinn déi Aarbechtsgruppen, déi intensiv lafen am Moment.“

An deem Zesummenhang wéilt ech der Gesondheitsministesch an dem Minister fir sozial Sécherheet dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch méi détailléiert erklären, awéi fern d'Aarbechtsgruppen un dësem Projet schaffen? Schaffen d'Aarbechtsgruppen nach Detailer vum Plang aus oder schaffen si ausschliisslech un der praktescher Ëmsetzung?

2. Wéi eng Aspekter vun deem Plang verlaangen nach no engem Traitement an den Aarbechtsgruppen?

3. Gëtt et beim Plang nach Diskussiounsspillraum oder ass dës finaliséiert?

4. Wäert de fäerdege Plang mat den Aarbechte vun den Aarbechtsgruppen ëffentlech gemaach ginn?

5. Goufe beim Ausschaffe vum Plang niewend dem Gesetz vum 2018 och nach aner Gesetzter oder Reglementen consideréiert?

**Réponse commune (02/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale**

ad 1. Souwuel d'Direktioun vum Centre hospitalier de Luxembourg (CHL) a vum Centre Hospitalier du Nord (CHdN) wéi och d'Acteure vum Terrain hunn sech zesummesat fir d'Konzept auszuschaffen op Basis vun den Dispositiounen vun der Annexe 2 vum Spidolsgesetz. Déi praktesch Modalitéite vun dëser Zesummenaarbecht sinn a Reuniounen ausgeschafft ginn a sinn d'Grundlag vun der Convention de collaboration, déi tëschent dem CHL an dem CHdN ënnerschriwwen gouf.

ad 2. D'Organisatioun vun der Zesummenaarbecht tëschent dem Service national de néonatalogie vum CHL, dem Service d'obstétrique vum CHdN, den eenzelnen Dokterspezialitéiten an dem Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) ass progressiv ausgeschafft ginn an detailléiert souwuel d'Formatiounen, d'Assistenz per Telemedizin, den Déplacement vum Service d'aide médicale urgente (SAMU) neonatal fir d'Aktivitéite vun der Maternité vum CHdN sécherzestellen. Dës Modalitéite wäerten och fir d'Maternité vum CHEM ëmgesat ginn.

ad 3. De Plang ass a senger praktescher Detailer finaliséiert a gëtt duerch eng Konventioun ëmgesat.

ad 4. Esou wéi d'Annex vum Gesetz et virgesäit, gëtt d'Konventioun ëffentlech zougänglech gemaach.

ad 5. D'Grundlag vum Plang a vun der Ëmsetzung vun der Modalitéite baséiert sech op d'Ufuerderunge vun der Annex 2 vum Spidolsgesetz a sengen Ausféierungsbestëmmungen.

#### Refoulements illégaux par l'agence Frontex | Question 6127 (02/05/2022) de Mme Stéphanie Empain | Mme Djuna Bernard (déi gréng)

En 2020, l'agence européenne de garde-frontières et de garde-côtes (Frontex) a été accusée d'avoir participé à des renvois illégaux (push-backs). Or, selon un rapport du Parlement européen publié en juillet 2021, Frontex aurait certes eu connaissance de refoulements illégaux, mais n'y aurait pas participé directement. Le rapport se limite donc à constater que Frontex n'a pas tenu compte des alertes qui étaient régulièrement émises sur l'existence avérée de violations des droits fondamentaux aux frontières.

En janvier 2021 l'Office européen de lutte antifraude (OLAF) a aussi lancé une enquête contre Frontex. Leur rapport - qui n'est pas public - révèle que la direction de Frontex était au courant des violations des droits de l'homme et a délibérément évité de les signaler.

Selon les recherches de l'hebdomadaire « Der Spiegel » publiées le 27 avril 2022, l'agence Frontex aurait non seulement participé à des renvois illégaux dans les eaux grecques, mais aurait par la suite aussi tenté de falsifier les rapports. Ces informations ressortent d'un fichier interne à Frontex que « Der Spiegel » et ses partenaires se sont procurées par le biais d'une demande d'accès public à un document administratif. Toutes les opérations de l'agence sont répertoriées dans cette base de données, baptisée « JORA » (Joint Operations Reporting Application). 222 incidents figurent dans JORA, couvrant la période de mars 2020 et septembre 2021, tous présentés comme des « préventions au départ » en mer Egée, donc des cas de bateaux de migrants qui auraient été interceptés ou dérouterés avant qu'ils aient atteint les eaux grecques.

Or, d'après l'enquête, ces événements recouvrent de nombreux renvois illégaux de migrants qui se trouvaient déjà dans les eaux grecques, voire même sur le territoire grec, et qui auraient donc pu introduire une demande de protection internationale.

Dans ce contexte, nous aimerions avoir les renseignements suivants de la part de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Monsieur le Ministre est-il au courant des nouvelles accusations contre l'agence Frontex ?

2) Ces révélations seront-elles discutées au niveau européen ?

3) Le ministère dispose-t-il du rapport de l'OLAF ? Dans l'affirmative, le rapport confirme-t-il les recherches du « Spiegel » et de ses partenaires ? Monsieur le Ministre est-il d'avis que ce rapport devrait être publié dans les meilleurs délais ?

4) Si les accusations allaient se confirmer, auraient-elles un impact sur les contributions du Luxembourg à l'agence Frontex ?

**Réponse (03/06/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, Ministre de l'Immigration et de l'Asile**

Le ministre est au courant des accusations rapportées par l'hebdomadaire « Der Spiegel » le 27 avril 2022.

Le conseil d'administration de l'agence Frontex procède à une délibération de la situation des droits fondamentaux dans les opérations de l'agence lors de chacune de ses réunions ordinaires. La prochaine réunion ordinaire se tiendra du 7 au 8 juin 2022.

Le rapport de l'OLAF est accessible pour consultation exclusive par les membres du conseil d'administration de Frontex dans des salles sécurisées. Son contenu est confidentiel et une décision de le déclassifier n'a pas été prise à ce jour. En conséquence, le ministère ne peut ni révéler, ni commenter son contenu.

Les contributions des États membres au contingent permanent du corps européen de garde-frontières et de garde-côtes sont arrêtées dans le règlement européen 2019/1896 du 13 novembre 2019 relatif au corps européen de garde-frontières et de garde-côtes. Une modification unilatérale de ces contributions constituerait un manquement à l'obligation de la mise-en-œuvre du droit de l'Union et serait susceptible d'une procédure d'infraction engagée par la Commission européenne. De plus, un manquement de la part de certains effectifs de l'agence ne devrait pas venir saper le mandat et les capacités de l'agence de mener à bien ce dernier. Pour ces raisons, le Luxembourg va maintenir ses contributions à l'agence Frontex.

#### Assistance à l'inclusion dans l'emploi | Question 6128 (02/05/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

All Aarbechter am Privatsektor mat engem Statut handicapé an all Aarbechter am Privé am Reclassement externe kann zesumme mat sengem Patron eng „assistance à l'inclusion dans l'emploi“ bei der ADEM ufroen, wann een Aarbechtskontrakt vu mindestens 12 Méint virläit. Dee Moment kuckt een Assistent mat dem Aarbechter an dem Arbeitgeber, fir déi speziell Besoine vum Aarbechter ze definéieren, ee Projet auszuschaffen, fir dës Besoinen ze erfüllen, an ee Suivi vun der Ëmsetzung ze maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Aarbecht dës Froe stellen:



1. Wéi vill Demandë fir eng Assistance si säit der Aféierung am Februar 2020 agaangen?

2. Bei wéi villen Demanden handelt et sech ëm Aarbechter mat engem Statut handicapé?

3. Bei wéi villen Demanden handelt et sech ëm Aarbechter am Reclassement externe?

4. Kann de Minister Zuelen zu der Gréisst vun den Entreprisë ginn, déi dës Assistance an Usproch geholl hunn?

5. Den Assistent schreift ee Rapport final, an deem festgehalen soll ginn, ob de Projet ee Succès war a wat fir Aktiounen nach no der Assistenzzeit sollen ëmgesat ginn. Wéi vill Prozent vun de Schlussrapporte säit der Aféierung ginn ee positivt Schlussresultat erëm? Wéi vill Prozent een negatiivt?

**Réponse** (05/05/2022) de **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Vu Februar 2020 bis haut si keng Demandë fir eng „assistance à l'inclusion dans l'emploi“ bei der ADEM agaangen. Dowéinst gëtt et och keng Donnéeën, déi et erlabe kéinten, op de Rescht vun de Froen vum honorablen Deputéierten ze äntweren.

**Engagement d'un coordinateur sportif par les communes** | Question **6131** (02/05/2022) de **M. Max Hengel** (CSV)

De Sportkoordinator soll d'Zesummenaarbecht tëschent den eenzelnen Acteuren am Beräich vum Sport um Niveau vun enger Gemeng reegelen. Hie soll den Usprechpartner fir d'Schoulen, d'Elteren, de Schoul-sport an d'Sportveräiner aus der Gemeng sinn.

Sou kann hien zum Beispill bei der Inclusioun vu behënnernten a auslännesche Kanner a Jugendlecher am Sport eng wichteg Roll spillen an deem hien etwa un d'Rechter vun dësen oft benodelegte Kanner a Jugendlecher denkt, a weider garantéiert, dass hir Bedürfnisse bei der Ausgestaltung vu Sportspläng oder dem Uschafe vu Materialien an Equipementer net vergiess ginn. Dat hu mir an der Chamber eestëmme bei engem Debat d'orientation d'lescht Joer esou festgehalen. Am Kader vum Plan de relance 2.0 konnten d'Gemengen eng Demande fir d'Schafe vum Sportkoordinator-Poste bis Enn 2021 eraarechen, fir vu Subventionne kënnen ze profitieren. Zu deem Zäitpunkt haten nëmmen dräi Gemengen (Biissen, Hesper an Troisvierges) e Sportkoordinator ageallt.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un de Minister fir Sport stellen:

- Wéi vill Gemenge resp. Syndikater hunn, zousätzlech zu den dräi bekannte Gemengen, e Sportkoordinator ageallt?

- Gëtt de Programm och nach emol fir 2022 verlängert?

- Wann nee, firwat net?

- Deelt d'Regierung d'Meenung, datt et an engem Moment, wou mir aus der Pandemie rauskommen, déi dozou gefouert huet, datt eng Rei Leit, och Kanner, net méi reegelméisseg Sport gemaach hunn, wichteg wier, datt dës Plan de relance géif weidergefouert ginn?

- Wa jo, wéi soll dat geschéien?

**Réponse** (07/06/2022) de **M. Georges Engel**, Ministre des Sports

Souwuel am éischte Plan de relance (Juni 2020) ewéi och am Plan de relance 2.0 (Juni 2021), déi

d'Regierung am Kontext vum Impakt vun der Pandemie op déi Lëtzebuerger Sportswelt lancéiert hat, war déi finanziell Ënnerstëtzung vun de Gemenge fir d'Astelle vun engem Coordinateur sportif eng vun de sëllege Mesuren, fir de Lëtzebuerger Sport, an d'Beweegung generell, ze ënnerstëtzen.

Op de Stand vum 1. Juni 2022, besteet eng deementspriedend Konventioun mat dräi Gemengen (Biissen, Hesper a Réiser). Eng Konventioun mat der Gemeng Nidderaanwen wäert elo zäitno ënnerschriwwen ginn. Um rezente Buergermeeschterdag den 2. Juni 2022, deem traditionell vun der Gemeng Munneref organiséiert gëtt, hunn ech d'Konzept an d'Roll vum Sportskoordinator an der Gemeng nach eng Kéier ëmraass, an och de Gemengen déi finanziell Ënnerstëtzung vum Sportsministère bei weideren Astellunge vu Sportskoordinatoren zougeseichert. Deemnächst wäert dann och eng deementspriedend Circulaire un d'Gemenge goen.

**Risque d'une flambée épidémique de rougeole chez les enfants** | Question **6134** (03/05/2022) de **M. Marc Hansen** | **Mme Josée Lorsché** (déi gréng)

Suite à une augmentation préoccupante des cas de rougeole en début de l'année 2022, l'Organisation mondiale de la santé et l'UNICEF se montrent inquiets face à des conditions particulièrement favorables à une flambée épidémique de rougeole. Dans un communiqué commun du 27 avril 2022, les deux organisations internationales appellent en conséquence à prendre des mesures préventives pour contrer ce risque.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Madame la Ministre dispose-t-elle d'informations récentes sur l'évolution des cas de rougeole au Luxembourg ?

2) Comment le risque d'une flambée épidémique de rougeole est-il évalué au Luxembourg à ce stade ?

3) Comment le taux de vaccination contre le virus de la rougeole a-t-il évolué ?

4) Madame la Ministre juge-t-elle nécessaire de prendre des mesures additionnelles contre la propagation du virus de la rougeole ?

**Réponse** (20/05/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) Selon le règlement grand-ducal du 10 septembre 2004 portant désignation des maladies infectieuses ou transmissibles sujettes à déclaration obligatoire, la rougeole est une maladie à déclarer endéans de 24 heures par le laboratoire et le médecin.

Dans les années 2020, 2021 et jusqu'à aujourd'hui, aucun cas de rougeole n'a été déclaré au Luxembourg.

ad 2) Aucun cas de rougeole n'ayant été déclaré au Grand-Duché depuis 2020 et aucune flambée épidémique de rougeole n'ayant été déclarée en Europe récemment, le risque d'une flambée au Grand-Duché est actuellement considéré comme très bas.

ad 3)

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

ad 4) Aucun cas de rougeole n'ayant été déclaré au Grand-Duché depuis 2020, le risque d'une flambée

épidémique de rougeole est actuellement considéré comme très bas.

Il n'y a donc pas lieu, dans l'état actuel des choses, de prendre des mesures additionnelles à l'encontre d'une propagation du virus de la rougeole.

**Conséquences de l'affaire CumEx** | Question **6137** (03/05/2022) de **M. Gilles Roth** | **M. Laurent Mosar** (CSV)

En 2018, les CumEx files ont révélé comment de grandes banques et institutions financières ont réussi à subtiliser plusieurs milliards d'euros à de nombreux pays européens. Le Luxembourg, centre financier international, n'a pas non plus été épargné par ce scandale de fraude fiscale et a aussi été privé de sommes importantes. Après s'être rapidement transformées en un véritable scandale financier et politique, ces révélations ont provoqué de fortes réactions politiques et entraîné des poursuites judiciaires. Le Bundesgerichtshof en Allemagne a décidé dans un cas particulier que la banque concernée devait reverser les montants en cause à l'État Fédéral Allemand.

C'est dans ce cadre que nous aimerions poser les questions suivantes à Madame le Ministre des Finances :

1) Madame le Ministre est-elle en mesure de chiffrer le montant exact des fonds détournés ?

2) L'État luxembourgeois entend-il demander le remboursement des fonds détournés, comme l'État allemand l'a fait ?

- Dans l'affirmative, la procédure correspondante est-elle déjà entamée ?

- Dans la négative, quelles sont les raisons pour lesquelles l'État luxembourgeois ne souhaite pas entamer une telle procédure ?

**Réponse** (07/06/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Comme déjà exposé dans les réponses ministérielles n° 1282 du 23 octobre 2019, n° 2665 du 16 septembre 2020, n° 3524 du 2 mars 2021 et n° 4846 du 14 septembre 2021 aux questions parlementaires formulées par les honorables Députés dans la même cause, différents dossiers comportant des faits et éléments relatifs à des remboursements de la retenue sur revenus de capitaux et susceptibles de constituer des cas de fraude CumEx ont été dénoncés par les autorités fiscales aux autorités judiciaires aux fins de poursuites pénales.

Le résultat des enquêtes pénales n'étant pas encore connu, il s'avère impossible à ce stade d'avancer le montant exact des fonds effectivement fraudés. La situation est ainsi différente de celle de l'Allemagne, où les procédures judiciaires pénales engagées dans des dossiers pareils semblent plus avancées et clôturées au moins dans un cas par des jugements définitifs portant condamnation de cette fraude pour infractions pénales fiscales, constat du montant exact des fonds fraudés et ordonnant la restitution desdits fonds, comme cela résulte de la jurisprudence allemande, à laquelle les honorables Députés se réfèrent, en l'occurrence le jugement dit « Warburg Bank » rendu par le Bundesgerichtshof le 28 juillet 2021 (BGH 1 StR 519/20) ainsi que l'arrêt correspondant du Bundesverfassungsgericht du 7 avril 2022 (BVerfG 2 BvR 2194/21).

Tout comme l'État luxembourgeois est obligé de procéder au recouvrement de l'impôt dû, le contribuable de même est obligé de restituer tout



remboursement d'impôt indûment obtenu, ce qui inclut le remboursement de retenues sur revenus de capitaux. Si le contribuable ne s'exécute pas après y avoir été invité, l'État doit procéder au recouvrement forcé de ces fonds en utilisant toutes les voies et procédures que la loi lui réserve à cette fin.

Dans les affaires détectées jusqu'à présent par les autorités fiscales, il y a lieu de distinguer deux cas de figures : 1) les cas où aucun remboursement de la retenue sur revenus de capitaux n'a été effectué, mais refusé au préalable au contribuable alors que les conditions légales n'étaient pas remplies et 2) les cas où le remboursement indûment obtenu a été annulé après avoir été constaté lors d'un contrôle ultérieur. Dans ce deuxième cas de figure, et pour autant que le contribuable n'a pas procédé au remboursement volontaire des fonds litigieux, les autorités fiscales mettent en œuvre au plan civil tous les mécanismes de recouvrement forcé à leur disposition et, au plan pénal, présentent une constitution de partie civile dans le cadre des procédures pénales engagées par les autorités judiciaires.

#### Réserves de sang | Question 6139 (04/05/2022) de Mme Martine Hansen | M. Max Hengel (CSV)

D'Croix-Rouge huet rezent en Opruff gemaach, fir nei Blutspender ze rekrutieren. Wéi aus dem Schreiwes ervirgeet, felt et am Moment wéinst de Schoulvakanzen a wéinst de ville Feierdeeg u Blutkonserven.

An dësem Kontext géif ech gär follgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

1. Sinn aktuell genuch Blutkonserven do, fir d'Besoinen hei am Land ze decken?
2. Ass d'Versuergung mat Blutkonserven laangfristeg gesécherter oder gëtt et Enkpass?
3. Ass d'Versuergung fir all Blutgruppe garantéiert?
4. Hat d'Pandemie Auswierkungen op d'Zuel vun de Blutspender?
5. Wa jo, wéi gesäit d'Entwécklung an den zwee leschte Joren aus?

#### Réponse (24/05/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

ad 1. De Stock u Blutkonserven ass aktuell relativ déif. Bis haut konnt awer duerch d'Appell vun der Croix-Rouge an de Medien an duerch de Courier d'alerte, deen un Donneure geschéckt gouf, d'Auto-suffisance hei am Land garantéiert ginn.

ad 2. Et ass net méiglech virauszegesinn, ob et zu Enkpass kënn oder net. D'Situatioun gëtt all Dag vum Bluttransfusiounszenter evaluéiert an d'Indicateure vun der Kollekt an der Distributioun un d'Spideeler gi ganz enk suivéiert.

ad 3. Fir den Ament ass d'Versuergung fir all Blutgrupp garantéiert. Et kënn heiandsdo dozou, dass en anere Phénotyp muss vum Transfusiounszenter un e Spidol geliewert ginn. Dëst ass ofhängeg vum Alter a vum Geschlecht vum Patient, mee ass eng gängeg Praxis um Niveau vun der Transfusiounsmedizin.

ad 4. D'Zuel vun de Blutspender ass konstant. Vu datt d'Critèren allerdéngs virgesinn, dass no enger Infektioun mam Covid-19 eng Persoun véier Woche kee Blut spenden dierf, konnten an deenen leschte Méint vill Blutspender net esou wéi virgesinn am normalen Rhythmus hir Blutspend realiséieren.

ad 5. D'Unzuel u Blutspender ass an deene leschten zéng Joer stabil an huet zënter 2011 ëm 2,0 %

zougéhol. D'Zuel vun den Donneure fir Aphérese ass tëschent 2011 an 2019 konstant gefall (-30,4 %), mee ass zënter 2019 (+28,9 %) an 2020 (+12,3 %) nees um Klammen.

Déi follgend Grafik schlësselt d'Evolutioun vun den Donneuren tëschent 2011 an 2021 op:

(graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).

#### Global Green Finance Index | Question 6143 (05/05/2022) de M. Laurent Mosar (CSV)

Selon le plus récent Global Green Finance Index, le Luxembourg, en tant que centre financier pour les investissements durables, a perdu de son attractivité et se trouve maintenant en septième position.

C'est dans ce contexte que je désirais poser les questions suivantes à Madame le Ministre des Finances :

- 1) Est-ce que Madame le Ministre a pris connaissance du nouveau Global Green Finance Index ?
- 2) Selon le Ministre, quelles sont les raisons pour lesquelles le Luxembourg a perdu en compétitivité dans les investissements durables ?
- 3) Qu'est-ce que le Gouvernement entend entreprendre pour que le Luxembourg regagne sa position d'excellence en Europe en matière d'investissements durables ?
- 4) Madame le Ministre a-t-elle l'intention de créer des avantages fiscaux pour les investissements verts en vue de les rendre plus attrayants pour les investisseurs ?

#### Réponse (07/06/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Dans sa question parlementaire, l'honorable Député s'enquiert sur la position du Luxembourg dans le classement le plus récent du Global Green Finance Index. Il convient de noter de prime abord qu'il ne s'agit pas d'un indicateur établi par une organisation publique, mais d'une initiative purement privée.

Dans cette neuvième édition, le Luxembourg perd deux places, mais se classe toujours troisième dans l'Union européenne et septième au monde.

Contrairement à ce que l'on pourrait penser, ceci n'indique aucunement que notre place financière soit aujourd'hui moins attractive dans le domaine de la finance verte. Bien au contraire, le Luxembourg a gagné un point par rapport à la dernière édition du classement au niveau de sa note finale, passant ainsi de 545 à 546 points.

De manière plus générale, une hausse ou baisse dans un tel classement ne permet pas de tirer des conclusions quant à l'évolution de l'attractivité ou des performances de la place financière en question. Un changement dans le classement peut aussi provenir du fait que d'autres centres financiers ont fait leur entrée dans le classement ou ont relativement mieux performé. En l'occurrence, dans la dernière édition du Global Green Finance Index, des places comme New York et Stockholm viennent de progresser plus vite au niveau de la note finale, ce qui a fait mécaniquement perdre deux places au Luxembourg, sans que la note de celui-ci ne se détériore.

L'indice compte, par ailleurs, aujourd'hui plus de 80 centres financiers, contre seulement 47 il y a trois ans. Cette forte progression montre clairement que la finance verte continue à se généraliser à l'échelle

globale et que le mouvement vers une finance plus verte et durable semble désormais se généraliser, ce qui profite également au Luxembourg.

Par ailleurs, les places financières du top 10, dont fait partie le Luxembourg, sont extrêmement proches en termes de points et un faible changement du score peut avoir un impact important sur le classement.

Une analyse plus détaillée du classement et notamment des différents déterminants sous-jacents révèle que la place financière luxembourgeoise se distingue avant tout par la qualité des talents et de l'expertise en matière de finance durable. Plus de 70 % des experts interrogés affirment par ailleurs qu'au cours des trois prochaines années, le Luxembourg verra son offre de services et produits financiers verts augmenter.

On notera également qu'en 2021 le Luxembourg a dominé le marché européen des fonds ESG avec 32 % de part de marché. La forte demande des investisseurs dans le monde entier pour l'émission d'obligations durables s'est directement traduite par une augmentation considérable des activités de cotation sur la bourse verte « LGX » avec 560 nouvelles obligations durables ajoutées à la plateforme en 2021, soit une hausse de 47 % par rapport au nombre de nouvelles obligations durables affichées en 2020. Tous ces indicateurs soulignent clairement que la place luxembourgeoise reste un leader mondial de la finance durable.

Au cours des dernières années, le Gouvernement a soutenu et accompagné l'évolution de la place financière vers un centre financier plus vert et plus durable de manière proactive. Plusieurs initiatives méritent d'être soulignées :

- le lancement d'une plateforme de financement climatique avec la Banque européenne d'investissement, qui grâce à un mécanisme innovant de réduction des risques a jusqu'à présent mobilisé plus de 18 milliards d'euros en capitaux publics et privés pour investir dans des projets durables ;
- la mise en place d'un accélérateur de gestionnaires de fonds innovants qui à ce jour a accompagné 18 jeunes gestionnaires de fonds dans le domaine de la finance climatique ;
- le Luxembourg a été le premier pays d'Europe à lancer un cadre pour les obligations durables en 2020 et fut le premier pays européen à émettre une obligation durable.

Enfin, l'honorable Député suggère de recourir d'avantage à des avantages fiscaux spécifiques en vue de rendre les investissements verts plus attrayants pour les investisseurs. À ce sujet, il convient de noter que le succès du Luxembourg en matière de finance verte n'est pas lié à un avantage fiscal particulier, mais comme indiqué ci-dessus, avant tout à la qualité des talents et l'expertise présents sur la place. Par ailleurs, il convient de rappeler que le Gouvernement a d'ores et déjà introduit, à partir de l'année 2021, une réduction de la taxe d'abonnement pour les fonds d'investissements durables.

#### Dettes envers l'Administration des contributions directes | Question 6146 (05/05/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

An der Fro Nummer 5904 hunn d'Piraten d'Ministesch op déi schwiereg Situatioun vu Persounen opmierksam gemaach, déi vun enger Zwangsandriewung vun der Steierverwaltung betraff sinn. Et ass allerdéngs esou, dass et och Leit ginn, déi net vun enger Zwangsandriewung betraff sinn, mee déi awer eng héich Schold vis-à-vis vun der Steierverwaltung hunn.



An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Steuererklärungen vu Privatpersounen aus dem Joer 2019 a virduer sinn nach net clôturéiert? Kann d'Ministesch dës Zuele pro Steuerbüro opschlësselen?

2. A wéi ville Fäll gouf an deene leschten zéng Joer een Decompte vun der Administration des contributions directes (ACD) opgestallt, dee méi héich wéi 50.000 € war?

3. A wéi ville vun dëse Fäll hunn déi Betreffe mat der ACD ee Plan de paiement opgestallt? Wat fir Zësen ginn dee Moment gefrot a vu wat ass d'Héicht vun dësen Zësen ofhängeg?

4. Am Fall wou een Decompte vun enger Steuererklärung fir Privatpersounen vun enger Rei Joren zesumme gemaach gëtt, kann et zu Situatiounen kommen, wou Feeler vun de Contribuabel eréischt ganz spët opfalen. Feeler, déi déi Persounen éischter hätte kënnen verbesseren, wann den Decompte éischter komm wier.

Wéi geet d'Verwaltung mat dëse Fäll ëm? Gesäit d'Ministesch hei eng Matverantwortung vun der ACD?

5. Am Fall, wou een Decompte vu méi Joren zesumme gemaach gëtt an héich Montanten nozebezuolen sinn, kann et zu prekäre Situatiounen fir déi betreffe Persounen kommen.

Wéi loosse sech esou grouss Zäitversetzungen am beschte vermeiden? Denkt d'Ministesch, dass hei weider Efforten néideg sinn, fir sécherzestellen, dass all Steuererklärung an engem raisonnablen Délai vun maximal zwee Joer clôturéiert gëtt?

**Réponse (07/06/2022) de Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances

A senger parlamentarescher Ufro stellt den honorablen Deputéierten eng Retsch Froen, déi d'Steierschulde vu Privatpersounen vis-à-vis vun der Steierverwaltung betreffen.

Stand Enn Abrëll 2022 war 7,91 Prozent (24.394 Dossieren) vun den Akkommessteuererklärungen vu Privatpersounen vum Steuerjoer 2019 nach net besteiert. Fir d'Joren 2018 läit den Taux bei 2,93 Prozent (8.728 Dossieren) a fir 2017 bei 0,39 Prozent (922 Dossieren). Et ass an dësem Kontext ervirzehiewen, datt sech dës net-clôturéiert Dossieren zesummesetzen aus Deklaratiounen, déi nach net eragereecht gi sinn, oder awer eréischt kierzlech oder mat vill Retard vum Contribuabel agereecht goufen. Et kann sech och ëm Dossieren handelen, déi sech an der Instruktiounsphas befannen.

Pro Joer erfält am Duerchschnitt bei approximativ 3.500 Dossieren eng Steierschuld, déi méi héich ass wéi 50.000 Euro, dës virun ofzëien vun eventuell geleeschten Avancen.

All Contribuabel huet d'Méiglechkeet no enger Besteuerung, a virun der Echeance vun dëser Besteuerung, duerch eng motivéiert Demande, een Délai de paiement ouni Zësen (Délai de paiement bis zu 4 Méint) oder een Délai de paiement mat reduzierten Zësen (Délai de paiement tëscht 5 Méint an 12 Méint: 0,1 Prozent pro Mount oder Délai de paiement tëscht 13 Méint bis 3 Joer: 0,2 Prozent pro Mount) beim Steuerbüro unzefroen. D'Héicht vun den Zësen, déi pro Mount berechent ginn, hänkt also vun der Lafzäit vum Délai de paiement of.

An de Joren 2017 bis 2021 sinn insgesamt eng ronn 17.000 Demandé positiv beäntwert ginn.

Den Undeel vun Dossieren vu Privatpersounen, déi an de Kalennerjoren 2020 an 2021 simultan méi

Ofrechnungen notifiéiert kritt hunn an déi gesamt Steiercote, no Kompensatioun a viru bezuelten Avance, méi héich ewéi 10.000 Euro fixéiert ginn ass, läit bei 0,11 Prozent vun der Gesamtzuel vun de Steierdossieren. Am Kader vun der Instruktioun gëtt all Steuererklärung op d'Richtigkeet vun den deklaréierten Donnéeën iwwerpréift an eventuell Irregulartéiten verbessert. Bei der Zoustellung vum Bulletin ginn dem Contribuabel déi applikabel Rechtsmittel matgedeelt. Duerch eng konsequent Erhéijung vun der Personaldecken iwwert déi lescht Joren, sinn d'Retarde bei de Besteuerungen méi geréng ginn, eng positiv Evolutioun déi och ënner anerem, duerch d'Afféiere vun der elektronischer Steuererklärung vun de physische Persounen gedroe wäert ginn.

.....  
**Assignations de l'ADEM | Question 6148 (05/05/2022)**  
de **M. Charles Margue | Mme Djuna Bernard**  
(déi gréng)

Sur les réseaux sociaux circule actuellement la photo d'une carte d'assignation (portant la date du 4 mai 2022) invitant une personne inscrite à l'ADEM à postuler à une offre d'emploi en tant que « danseuse, stripteaseuse [sic], hôtesse de compagnie (m/f) ». Diplômée en pédagogie de la danse, la personne exprime son indignation face à cette assignation.

La carte d'assignation rappelle que toute personne inscrite à l'ADEM est tenue à donner suite aux assignations et propositions d'emploi de l'ADEM. En cas de non-respect de cette obligation, l'ADEM peut infliger des sanctions de différente nature. Le demandeur ou la demandeuse est également dans l'obligation d'accepter tout emploi approprié<sup>7</sup>.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

1) Monsieur le Ministre peut-il confirmer la véracité de cette carte d'assignation ?

2) Est-ce qu'il s'agit d'une offre pour un emploi approprié au titre du point 4 de l'article L.521-3 du Code du travail et du règlement grand-ducal du 25 août 1983 ?

3) Comment l'ADEM opérationnalise-t-elle les critères définissant un emploi approprié dans la mise en relation entre les offres d'emploi et les profils des candidat.e.s ?

4) Monsieur le Ministre peut-il préciser les sanctions prévues en cas de non-acceptation de ladite assignation ? Comment sont-elles appliquées dans des cas de figure comparables ?

5) Quelles sont les voies de recours à l'encontre d'une assignation jugée non appropriée ?

6) Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis que la carte d'assignation ne devrait pas uniquement renseigner la personne inscrite à l'ADEM de ses obligations mais également de ses droits, dont notamment des éventuelles voies de réclamation et de recours ?

**Réponse (10/05/2022) de M. Georges Engel,** Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1) La réponse à cette question est affirmative : deux candidates ont reçu une carte d'assignation pour ce poste déclaré de « danseuse-stripteaseuse-hôtesse de compagnie ».

<sup>7</sup> Règlement grand-ducal du 25 août 1983 définissant les critères de l'emploi approprié visé à l'article 13 sous e), de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds de chômage ; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet

Elles ont été informées qu'elles ne sont pas obligées d'y donner suite et que cela n'aura pas de conséquence préjudiciable sur leur dossier respectif et leurs droits auprès de l'ADEM.

L'ADEM a par ailleurs contacté les deux candidates dès le 5 mai pour présenter des excuses, excuses qui ont été acceptées.

ad 2) Conformément aux dispositions du Code du travail, chaque employeur légalement établi au Grand-Duché de Luxembourg est dans l'obligation de déclarer ses postes vacants au Luxembourg. Hormis les cas où le poste déclaré serait illégal (ce qui n'est pas le cas pour un poste de danseuse-stripteaseuse-hôtesse), la mission de l'ADEM est dès lors d'assurer la mise en relation des offres et des demandes d'emploi et de proposer des candidats pouvant correspondre au poste déclaré. L'ADEM apprécie sur base du profil du demandeur d'emploi si un emploi peut être considéré comme approprié.

Lorsque l'offre d'emploi peut heurter la sensibilité des candidats sélectionnés pour recevoir une assignation (comme c'est le cas ici), les conseillers de l'ADEM ont pour consigne de les contacter au préalable et individuellement afin de s'assurer que le poste proposé est susceptible de correspondre à leurs recherches d'emploi. Cette procédure interne n'a pas été suivie dans les deux présents cas. Il s'agit d'une erreur de l'ADEM.

ad 3) L'ADEM applique le règlement grand-ducal du 25 août 1983 définissant les critères de l'emploi approprié pour déterminer si un emploi peut être considéré comme approprié. Les critères y contenus ont trait au niveau de rémunération, à l'aptitude professionnelle, aux aptitudes physiques et psychiques du demandeur d'emploi, au trajet journalier, à la situation familiale du demandeur d'emploi, au régime de travail, à une éventuelle promesse d'embauche ainsi qu'aux conditions de travail.

ad 4) Comme évoqué plus haut, les candidates ne sont pas obligées de répondre positivement à l'assignation dans ce cas précis, vu le caractère particulier de l'emploi proposé. Elles ne subiront donc aucune conséquence préjudiciable.

Dans les cas classiques, le refus par le chômeur indemnisé d'un emploi approprié ou d'une mesure active en faveur de l'emploi proposée par les services de l'ADEM, peut entraîner un refus ou un retrait des indemnités de chômage complet. Le demandeur d'emploi non indemnisé encourt la suspension de son dossier pour une durée de deux mois.

ad 5) Une assignation n'est pas une décision susceptible de recours. Ce n'est que le refus par le demandeur d'emploi d'accepter un emploi approprié qui pourra entraîner une décision susceptible de recours. Le recours est à introduire devant la commission spéciale instituée par le Code du travail à cet effet. La décision de la commission précitée peut être contestée devant le Conseil arbitral de la sécurité sociale puis, le cas échéant, devant le Conseil supérieur de la sécurité sociale.

ad 6) L'ADEM n'est pas de cet avis. Dès leur inscription à l'ADEM, les demandeurs d'emploi signent une convention de collaboration reprenant leurs droits et obligations, convention qui leur est expliquée en détail par les conseillers.

.....  
**Sous-lignages Omicron | Question 6151 (05/05/2022)**  
de **M. Claude Wiseler** (CSV)

Selon une étude du Centre of Epidemic Response and Innovation (CERI) de l'Université Stellenbosch, deux sous-lignages Omicron, à savoir les sous-variants



BA.4 et BA.5, auraient respectivement émergé à la mi-décembre 2021 et début janvier 2022 en Afrique du Sud. Selon des articles parus dans les médias les derniers jours, le sous-variant BA.4 aurait été détecté dans plusieurs pays européens, dont la Belgique, la France, le Danemark, la Suisse et le Royaume-Uni, ainsi qu'aux États-Unis. Quant sous-variant BA.5, il aurait été identifié en Autriche, en France, en Allemagne, au Portugal et au Royaume-Uni, ainsi qu'aux États-Unis et à Hong Kong.

C'est dans ce contexte que je désirerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre de la Santé :

- Est-ce que les sous-variants BA.4 et BA.5 ont été détectés au Luxembourg ?

- Le cas échéant, combien d'infections dues à ces nouveaux sous-variants sont connues à ce jour ?

- Sachant que l'Organisation mondiale de la santé (OMS) a classé les variants BA.4 et BA.5 comme « variants d'intérêt », faut-il craindre une nouvelle vague de contaminations ?

- Quel est l'impact des sous-variants quant à la transmissibilité et quant à l'évolution de la maladie ?

**Réponse (10/05/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

Le Laboratoire national de santé procède chaque semaine au séquençage d'un échantillon de plusieurs centaines d'isolats de virus Sars-CoV-2, et ceci dans le cadre d'une surveillance épidémiologique en collaboration avec le Centre européen de contrôle et de prévention des maladies à Stockholm. À ce jour, les sous-variants BA.4 et BA.5 n'ont pas été détectés au Luxembourg, mais il n'y a a priori pas de raison que ces variants n'arriveront pas prochainement dans notre pays. La Direction de la santé continue donc à suivre très attentivement l'évolution virologique de la pandémie au Luxembourg.

D'après les données sud-africaines, il semble que ces variants aient un avantage en terme de transmissibilité (environ +25 % par rapport à BA.2). En effet, en Afrique du Sud, ces variants ont progressivement remplacé les variants BA.1 et BA.2. Par contre, il ne semble pas y avoir d'impact direct significatif sur la pathogénicité, donc le pouvoir de rendre les personnes malades.

Il n'est donc pas exclu de voir arriver une nouvelle vague d'infections, mais dont la gravité clinique ne serait en principe pas plus importante qu'avec les variants Omicron actuels.

Finalement, il faut noter qu'une étude sud-africaine préliminaire sur un petit nombre de cas a mis en évidence que ces variants BA.4 et BA.5 échappent facilement à la protection immunitaire induite par des infections antérieures, et donnent donc des réinfections fréquentes, alors que l'immunité induite par la vaccination semble rester du moins partiellement efficace. Ceci est un argument de plus qui devrait inciter la population à se faire vacciner, respectivement obtenir un rappel de vaccination, pour ceux où le délai à partir de la vaccination de base le permet.

**Économies d'énergie | Question 6154 (06/05/2022) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**

Monsieur le Ministre de l'Énergie vient de plaider lors d'une réunion extraordinaire des Ministres de l'Énergie à Bruxelles pour une campagne coordonnée et commune des pays membres de l'UE ayant comme but de motiver les consommateurs pour des économies d'énergie :

1) J'aimerais savoir de Monsieur le Ministre quel serait le contenu de cette campagne, quelles sont les mesures concrètes envisagées et endéans quels délais cette campagne pourrait être lancée.

2) Le Gouvernement luxembourgeois envisage-t-il en cas d'échec de cette initiative une large campagne au Luxembourg ?

**Réponse (02/06/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie**

Comme évoqué déjà dans la réponse à la question parlementaire n° 6042, le Luxembourg a été un des initiateurs à pousser la Commission européenne à inciter cet automne une campagne coordonnée dans tous les pays de l'Union européenne de sensibilisation de la population pour économiser de l'énergie. Le but de cette initiative est de favoriser surtout des économies de gaz naturel et de pétrole afin de parvenir à impacter les marchés de gros de l'énergie et de prévenir d'éventuelles hausses supplémentaires des prix du pétrole et du gaz.

Dans le plan REPowerEU, la Commission européenne précise que les mesures pour économiser de l'énergie sont la manière la plus rapide et la moins coûteuse de faire face à la crise énergétique actuelle et de réduire la facture d'énergie. La Commission européenne encourage les États membres à lancer des campagnes de communication spécifiques ciblant les ménages et l'industrie. Le Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire, en concertation avec les ministères concernés, est ainsi en train de préparer une campagne de sensibilisation pour l'automne 2022 en concertation avec d'autres États membres de l'Union européenne.

À ceci s'ajoute que la Klima-Agence informe déjà les citoyens sur le site [www.energie-spueren.lu](http://www.energie-spueren.lu) au sujet de mesures possibles pour économiser de l'énergie et les fournisseurs d'électricité et de gaz naturel proposent, dans le cadre de leurs obligations d'économies d'énergie, des aides et des mesures pour réduire la consommation d'énergie de leurs clients.

**Service d'ambulances dans le nord du pays | Question 6167 (10/05/2022) de M. André Bauler | M. Max Hahn (DP)**

Et ass eis zu Ouere komm, datt et zu Ettelbréck aktuell Probleemer gëtt, fir d'Ambulanze mat genügend Personal besat ze kréien. Et wieren nämlech net genuch Benevoller disponibel. Et versteet sech awer vum selwen, datt den Noutdénsgscht personell gutt opgestallt muss sinn, virun allem, wann ee bedenkt, datt ëmmer méi Leit an d'Nordstad an an d'Uertschafte ronderëm wunne kommen.

An deem Kader wollt mir der Madamm Inneministesch folgend Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Ministesch Prezisiounen liwweren iwwert d'Zuel vun de Professionellen, déi an deene verschiddene CGDIS-Zentren an an de Gemengen aus dem Kanton Dikrech an dem Kanton Veianen schaffen oder affektiert sinn? Wéi vill Fräiwëlleger (Ambulanz a Pompjeeën) sinn hei de Moment am Asaz? Wéi huet sech hir d'Zuel zanter 2018 entwéckelt?

2. Stëmmt et, datt am CGDIS Ettelbréck eng Rëtsch benevole Leit den Dénsgscht quittéiert hunn? Wa jo, wat sinn déi genee Ursachen, déi dës Entscheedung motivéiert hunn?

Wat huet dat fir Konsequenzen, besonnesch fir den Ambulanzdénsgscht? Gëtt et aner Gemengen am Kanton Dikrech, wou änlech Erfarunge gemaach goufen?

3. Wéi gesäit de Rekrutement vu Professionellen an deem Beräich fir déi betrafte Kantonen an noer Zukunft aus?

**Réponse (07/06/2022) de Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur**

ad 1. D'Kantoner hu fir den operationelle Fonctionnement vum CGDIS keng Bedeutung, well d'Asazcenteren (CIS) sech all am Asaz géigesäiteg an onofhängeg vun administrative Grenzen ënnerstëtzen. Ausserdem ënnerscheede sech d'Grenze vun den administrative Verwaltungseenheete vum CGDIS (Zonen a Gruppementen) vun de Kantonsgrenzen. Deemno géing eng isoléiert Betruechtung vun de Memberszuelen an de Kantoner Dikrech a Veianen en onvollstänneg an och verzerrt Bild iwwert d'Memberszuele vum CGDIS liwweren.

Allgemeng ass d'Zuel vun de fräiwëllege Pompjeeën an alle Kategorien (pompiers opérationnels, pompiers de support, vétérans) an der Zon Norden zënter der Grënnung vum CGDIS stabil bliwwen, d'Zuel vun de Haaptamtliche gouf verdräifacht an och d'Jugendpompjeeën konnte weider gestärkt ginn.

ad 2. Objektiv betruecht stellt ee fest, datt den Effektiv vum CIS Nordstad (virum 1.1.2022 CIS Ettelbréck a CIS Dikrech) stabil bliwwen ass zënter der Grënnung vum CGDIS:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

ad 3. Am Kader vum Plan national d'organisation des secours (PNOS) gouf eng landeswäit Strategie fir de weidere Rekrutement vu fräiwëllegen an haaptamtliche Pompjeeën ausgeschafft a validéiert. Am Kader vun der Ëmsetzung vum PNOS gëtt och un de Konzepter a Prioritéiten vun der weiderer Verdeelung vun den haaptamtliche Ressourcë vum CGDIS an den nächste Jore geschafft, dës awer aus enger nationaler Vue, fir iwwerall am Land a manner wéi 15 Minutten ze intervenéieren. Eng isoléiert Vue op zwee eenzel Kantoner géing och hei en onvollstänneg Bild iwwert d'Entwécklung vum Rettungsdénsgscht hei am Land liwweren.

De CIS Nordstad ass fir de gesamten Norde vum Land e strategesch ganz wichteg Standuert a wäert och an den nächste Joren weider developéiert ginn.

**Application de l'index sur les loyers demandés par le Fonds du logement | Question 6177 (11/05/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)**

De leschte Berechnunge vum Statec no (4.5.2022) kéint déi nächst Indextranche scho bannent deenen nächste Méint falen. D'Indexéierung vun de Gehälter ass eng Kompenséierungsmoossnam, fir de Kafkraaftverloscht no der Inflation (ex-post) ze kompenséieren.

Elo ass et awer esou, dass verschidden Institutiounen an Organisatiounen de Präis vun hiren Dénsgschtleeschungen un den Index knäppen. Esou zum Beispill beim Fonds du logement, wou d'Loyerer och zu engem Deel mat all Indextranche erhéicht ginn, esou wéi dat am ofgeännerte groussherzogleche Règlement vum 16. November 1998 virgeschriwwen ass.

D'Locataire vu Sozialwunnengen si Persounen, déi finanziell schwach opgestallt sinn. E puer Euro de Mount bedeite fir dës Leit vill Geld. De Fonds du logement kéint deene Mënsche hir finanziell Situation lichter opwäerten, wann de Loyer net indexéiert wier.



PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L — 3208 BETTEMBOURG

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministere fir Famill an Integratioun a Wunnéngsbau dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen bezéien aktuell eng Sozialwunneng vum Fonds du logement?

Wéi huet sech dës Zuel zënter 2017 entwéckelt?

2. Wéi vill Euro Loyer hält de Fonds du logement duerch déi lescht Indextranche zousätzlech an?

3. Wéi vill Euro géif et de Staat pro Indextranche kaschten, wann een d'Loyere bei Sozialwunnengen an Zukunft einfach net méi indexéiere géif?

4. Wäert d'Regierung d'Indexéierung vum Loyer bei Sozialwunnengen bis zum Enn vun hirer Amtszäit weider oprechterhalen?

**Réponse** (23/05/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre du Logement

D'Loyere vun de subventionéierte Wunnengen vum Fonds du logement, genau ewéi déi vun der SNHBM an de Gemengen, mussen nom groussherzogleche Règlement vum 16. November 1998 gerechent ginn. Anescht ewéi vum Deputéierte behaupt, ass dee Loyer net un den Index gekoppelt, mee gëtt fir all Locataire eng Kéier am Joer opgrond vu senger Akommes- an der Familijsituatioun nei gerechent.

Dem Fonds du logement seng Lokatiounswunnengen hunn sech zënter 2017 follgendermoossen entwéckelt:

|      |       |
|------|-------|
| 2018 | 1.907 |
| 2019 | 1.937 |
| 2020 | 2.003 |
| 2021 | 2.064 |

.....  
**Vaccination avec le vaccin Janssen contre la Covid-19** | Question **6179** (11/05/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

An Däitschland ass Janssen, den Impfstoff vun Johnson & Johnson, net méi als vollstänneg Impfung unerkannt a muss mat enger zweeter mRNA-Impfung komplettéiert ginn. Dat ass ënnert dem Datum vum 3. Mee 2022 nozeliesen op „infektionsschutz.de“. Duerfir hunn ech dës Froen un d'Madamm Gesondheitsminister:

1. Gëtt et zu Lëtzebuerg nach d'Méiglechkeet, just mat enger Dos Janssen geimpft ze ginn a gëllt dat hei nach als komplett Impfung?

2. Ass den Impfpass vu Leit, déi mat Janssen geimpft gi sinn an déi keng zousätzlech Impfung mat engem mRNA-Stoff kritt hunn, nach europawäit gëlteng?

3. Am Kontext vum Impfpass fënnt een op infektionsschutz.de eng weider kriddeleg Fro: Ass et richteg, datt dësen an EU-Länner, déi eng Opfrëschungsimpfung fuerderen net méi unerkannt gëtt? Wat, wann aner Länner net vun der Noutwennegkeet vun enger weiderer Opfrëschungsimpfung iwwerzeegt sinn?

**Réponse** (20/05/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

Zu Lëtzebuerg besteet weiderhin d'Méiglechkeet mat enger Injektioun vum Janssen Impfstoff eng komplett Impfung ze kréien. Dëst ass bis op Weideres konform mat der „autorisation de mise sur le marché“ vun der Europäescher Medikamentenagence EMA.

Den Impfpass ass europawäit standardiséiert a re-seignéiert iwwert d'Impfungen, déi d'Persoun kritt huet. Wéi dësen Impfpass dann an all Land interpretéiert gëtt, d. h. op als valid oder net valid ugesi gëtt, hängt da vun all Land of. Konkreet heescht dat, dass een sech puncto Impfung ëmmer un d'Konditiounen vum jeeweilege Land upasse muss, a gegebenefalls eng zousätzlech Impfung maache muss.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfëlle beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeën ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

**PORT PAYÉ**  
**PS/799**





CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-05

Nouvelles lois

p. 06-07

Séances publiques

p. 07-64

Questions au Gouvernement

p. 64-99

2021-2022

# N°10

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-05

Nouvelles lois ..... p. 06-07

Séances ..... p. 07-64

29<sup>e</sup> séance du mercredi 19 janvier 2022 ..... p. 07-41

30<sup>e</sup> séance du jeudi 20 janvier 2022 ..... p. 41-64

Questions au Gouvernement ..... p. 64-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

**Contenu rédactionnel :**  
Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

**Impression :**  
Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

**Date d'impression :**  
17/10/2022

**Concept et layout :**  
brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





Présentation du rapport annuel 2021 de l'OKaju

## Le bien-être des enfants pendant la pandémie



*L'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher, M. Charel Schmit (à gauche), a présenté le rapport 2021 de l'OKaju, en présence de M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés.*

« La pandémie constitue une incision non négligeable pour les enfants et les jeunes. Elle marquera toute une génération. » C'est un des constats dressés par l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher (OKaju), M. Charel Schmit, lors de la présentation du rapport annuel de l'OKaju le 22 septembre 2022 à la Chambre des Députés. Le rapport 2021 revient sur la crise sanitaire due à la Covid-19 et les répercussions de la pandémie sur les droits de l'enfant, particulièrement

dans les domaines de la santé, de l'éducation ou des loisirs. Dans le contexte de la crise sanitaire, 71 demandes de renseignement ont été introduites auprès de l'OKaju entre février 2020 et octobre 2021. La majorité des demandes sont venues de parents ou d'acteurs du secteur social ou du système scolaire.

Entre-temps, une autre crise est venue s'ajouter à la crise sanitaire, à savoir le conflit en Ukraine, a rappelé M. Schmit, sans oublier le changement climatique. Toutes ces crises pèsent lourd sur le bien-être mental des enfants, a constaté l'Ombudsman. Par conséquent, une des revendications de l'OKaju concerne un meilleur accès aux services de support psychologique pour les enfants et les jeunes. Au Luxembourg, l'offre dans le domaine de la psychiatrie pour jeunes doit être renforcée, a expliqué l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher en réponse à la question d'un député.

### Le « online schooling » : une opportunité

La digitalisation, notamment le « online schooling », a été intensifiée pendant la crise sanitaire. Ceci devrait se poursuivre sur le long terme, selon M. Schmit. L'offre de cours à distance devrait persister pour les enfants et les jeunes qui ne peuvent pas participer aux cours scolaires en présentiel. En plus, l'OKaju constate une certaine prise de conscience par rapport au droit aux loisirs pendant la pandémie.

### Le bien-être à l'école

Les députés se sont également renseignés sur le bien-être des jeunes à l'école. Comment éviter le harcèlement moral dans les enceintes scolaires ? Comment protéger les victimes ? Au Luxembourg, les jeunes qui se trouvent dans une situation de détresse peuvent s'adresser à une hotline. Cependant, les appels vers cette hotline ne mènent pas automatiquement à une intervention. Une situation qui devrait être adaptée, selon M. Schmit. D'autres questions soulevées concernaient la situation des jeunes réfugiés ukrainiens. L'OKaju a informé la Chambre qu'un rapport analysant ce sujet est en train d'être élaboré.

Actuellement, les députés de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche examinent un projet de loi qui vise à renforcer les droits de l'enfant (dossier parlementaire 7994). En outre les droits de l'enfant ont été repris dans le chapitre « droits et libertés » de la révision de la Constitution.

L'OKaju a été rattaché à la Chambre des Députés par la loi du 1<sup>er</sup> avril 2020.



## Une délégation du Bundestag allemand en visite

Une délégation du groupe d'amitié interparlementaire germano-belgo-luxembourgeois du Bundestag allemand, sous la conduite de M. Patrick Schnieder, a été reçue par le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, le 3 octobre 2022 à l'occasion du Jour de l'unité allemande.

Les sujets qui ont dominé l'entrevue entre les députés membres de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile et les députés allemands étaient notamment la guerre en Ukraine, la situation alarmante des droits des femmes en Iran ainsi que les questions transfrontalières (mobilité et télétravail).

Dans le contexte de la guerre en Ukraine, le Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, M. Yves Cruchten, de retour de sa mission avec une délégation européenne à Kiev, a témoigné du besoin de la population ukrainienne d'une aide humanitaire avant l'arrivée de l'hiver.

L'accord en matière de fiscalité concernant le télétravail des travailleurs résidant en Allemagne était également une thématique soulevée au cours de l'échange de vues. Les députés allemands ont exprimé leur préférence pour un système unique pour tous les pays voisins en termes de flexibilité des horaires et du lieu de travail. À leurs yeux, une harmonisation au niveau européen des règles en matière de télétravail serait la solution idéale.

Finalement, face aux différentes crises auxquelles l'Union européenne est actuellement confrontée, les députés allemands et luxembourgeois étaient unanimes quant à la nécessité d'éviter à tout prix une crise sociale.



*Les députés luxembourgeois et les membres du groupe d'amitié du Bundestag allemand*



# Contrôle de l'exécution budgétaire des Parlements luxembourgeois et tchèque



*Les députés luxembourgeois de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire (Comexbu) et leurs homologues tchèques*

Quelles sont les similitudes et les différences entre les missions de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire (Comexbu) de la Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg et celles du Comité du contrôle de la Chambre des Députés du Parlement de la République tchèque ? Cette question a été abordée lors d'un échange de vues entre les députés membres de la Comexbu et leurs homologues tchèques le 4 octobre 2022.

Ce qui différencie principalement les deux commissions parlementaires, c'est leur implication dans le travail législatif. Les membres de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire du Parlement luxembourgeois interviennent après le vote d'une loi, a expliqué la Présidente de la Comexbu, Mme Diane Adehm. La commission parlementaire agit en tant que contrôleur financier, mais n'intervient pas au niveau de l'élaboration des textes législatifs. Elle vérifie

par exemple si le budget d'un projet a été utilisé conformément aux dispositions de la loi afférente ou s'il y a un dépassement budgétaire. Dans le cas où le budget d'un projet d'infrastructure dépasse un certain seuil initial (au-dessus de 40 millions d'euros), le Ministre compétent est invité à donner des explications aux membres de la commission.

Le Comité du contrôle de la Chambre des Députés du Parlement tchèque, pour sa part, dispose de la faculté de proposer des modifications relatives à des textes législatifs en cours d'élaboration, a précisé le député tchèque, M. Radovan Vích. Le Comité de contrôle est ainsi en mesure d'intervenir dans le processus législatif en offrant un contrôle précédant l'exécution budgétaire en soi, compétence dont la Comexbu ne dispose pas.

D'autres questions abordées concernaient la gestion des organes, leur fonctionnement, la fréquence des réunions et les interlocuteurs consultés. En République tchèque, le Comité du contrôle de la Chambre des Députés travaille étroitement avec l'Office suprême de contrôle, un organe similaire à la Cour des comptes luxembourgeoise.

Lors de cette rencontre, la délégation tchèque a invité ses homologues luxembourgeois à une visite officielle à Prague.

## Réunion de commissions de l'APOTAN aux États-Unis

# Défis majeurs pour la sécurité transatlantique

La Commission de l'économie et de la sécurité et la Commission politique de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN (APOTAN) se sont retrouvées à San Francisco et à San Diego du 26 au 30 septembre 2022 pour discuter des enjeux majeurs sur le plan de la sécurité transatlantique. Les membres présents se sont focalisés sur la consolidation de la démocratie face à des menaces intérieures et extérieures toujours plus lourdes.

La guerre en Ukraine occupait le centre des débats. Ainsi, la visite a débuté par un échange de vues sur ses conséquences sur le système international et l'avenir politique et économique de la Russie avec M. Michael McFaul, Directeur de l'Institut Freeman Spogli des études internationales. M. McFaul a fait remarquer que, face à l'agression russe et à la crise énergétique imminente, sevrer les pays alliés de l'énergie russe revient à arracher un pansement : c'est douloureux mais cela apportera des avantages à long terme.

Mme Condoleezza Rice, entre 2005 et 2009 soixante-sixième Secrétaire d'État des États-Unis, deuxième femme et première Afro-Américaine à occuper ce poste, a modéré une table ronde sur les grands défis que les États-Unis et l'Europe vont devoir relever.

Les membres ont également eu des échanges de vues avec le Dr Francis Fukuyama, auteur du livre « La fin de l'histoire et le dernier homme » mondialement reconnu et publié dans plus de vingt éditions étrangères.

D'autres sujets traités concernaient la stratégie asiatique des États-Unis et les systèmes d'alliance et de

partenariat, le défi économique et stratégique posé par la Chine, la révision de l'architecture du système économique mondial, le marché du travail en perspective suite à la pandémie de Covid-19, la sécurité maritime et la vision américaine quant aux opportunités et défis des migrations.



*La Chambre des Députés était représentée par Mme Lydia Mutsch, Présidente de la délégation luxembourgeoise auprès de l'APOTAN, et Mme Nancy Arendt, membre de la délégation (2<sup>e</sup> rangée - 3<sup>e</sup> et 4<sup>e</sup> à gauche)*



Journée internationale de la démocratie à Belval

## Pour une démocratie « adaptative et participative »

À l'occasion de la Journée internationale de la démocratie, des académiciens et des parlementaires se sont réunis les 15 et 16 septembre 2022 à la Maison du savoir à Belval pour participer à un colloque de recherche dédié, selon les propos du Prof. Dr. Philippe Poirier, titulaire de la Chaire de recherche en études parlementaires, à la « crise de confiance dans les institutions qui incarnent la démocratie représentative ».

Ces deux journées ont été coorganisées par la Chaire de recherche en études parlementaires et la Région Europe de l'Assemblée parlementaire de la Francophonie (APF) pour marquer la rentrée académique du Master en études parlementaires à l'Université du Luxembourg.

Les deux premières sessions ont été consacrées à un état des lieux portant sur la démocratie, ainsi qu'à un retour historique sur la première vague de démocratisation. Il découle des exposés que la démocratie représentative avait déjà connu des tentatives de consolidation au XIX<sup>e</sup> siècle, à l'instar des tirages au sort réalisés parmi les citoyens danois pour composer l'assemblée constituante de 1848. Une autre piste de réflexion a consisté en l'identification de l'origine de la crise démocratique contemporaine qui tissait des liens entre le néolibéralisme et le populisme.

La troisième session a mis en exergue quelques éléments de réponse actuellement utilisés par les politiques pour compléter les formes traditionnelles

de la démocratie représentative. À cet égard ont été évoqués les référendums, les votations populaires ou encore les assemblées délibératives citoyennes. Ces dernières ont aussi récemment été invoquées au Luxembourg par le biais de deux exercices délibératifs : le Klima Biergerrot et le Biergerkomitee Lëtzebuerg 2050.

Enfin, la démocratie en pratique a été abordée lors du dernier point à l'ordre du jour, reflétant le volet parlementaire. Des élus canadien, belge, camerounais et suisse ont développé les enjeux de leurs pays respectifs en avançant à la fois des défis engendrés par la défiance démocratique et des réponses pour lutter contre celle-ci.

M. Mars Di Bartolomeo, sollicité pour clore les discussions, a passé en revue les différentes difficultés évoquées par les intervenants avant de souligner que chaque parlement national devra concrétiser la démocratie représentative en l'enrichissant d'éléments de démocratie directe. Il a précisé que le quatrième et dernier chapitre de la révision constitutionnelle, relatif à la Chambre des Députés et au Conseil d'État, instaurera justement un tel instrument : l'initiative législative populaire.

Le Vice-Président de la Chambre des Députés a par ailleurs mentionné le rôle actif que joue la Ville de Dudelange dans le domaine de la démocratie participative. En effet, une nouvelle plateforme en ligne est



*Intervention de M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président de la Chambre des Députés et Trésorier de l'APF*

née d'une collaboration entre la commune et l'Université du Luxembourg. Trois modes de participations citoyennes y sont regroupés, notamment un conseil des citoyens, un panel de citoyens et un budget participatif. M. Di Bartolomeo a terminé son discours en concluant que la démocratie devait être repensée de sorte à se doter davantage de traits adaptatifs et participatifs, tout en replaçant les citoyens au cœur du dialogue et en restant ouvert aux bonnes pratiques censées renforcer le système actuel.



*de gauche à droite : Mme Stéphanie Empain, Mme Hélène Conway-Mouret et M. Yves Cruchten*

Visite de la Sénatrice représentant les Français établis hors de France

## La défense européenne au cœur d'un échange de vues

Renforcer la coopération transfrontalière afin de trouver des synergies dans le domaine de la défense européenne : telle était la conclusion d'un échange de vues, le 27 septembre 2022, entre Mme Hélène Conway-Mouret, Sénatrice représentant les Français établis hors de France et Secrétaire de la Commission des Affaires étrangères, de la Défense et des Forces armées au Sénat de France, et M. Yves Cruchten, Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, ainsi que Mme Stéphanie Empain, Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.

## Journée des Ambassadeurs 2022

Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, et les ambassadeurs résidant au Luxembourg se sont déplacés le 28 septembre 2022 entre autres à Differdange dans le cadre de la Journée des Ambassadeurs 2022.

Le corps diplomatique y a été accueilli par les élus locaux et les responsables du projet d'Esch2022, capitale européenne de la culture, et a reçu des explications sur le projet « Spieglein, Spieglein » de la photographie luxembourgeoise Mme Jessica Theis.



*Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, entouré des ambassadeurs résidant au Luxembourg*



## Armes et munitions

### **7425 - Projet de loi sur les armes et munitions et portant : 1° transposition de la directive (UE) 2021/555 du Parlement européen et du Conseil du 24 mars 2021 relative au contrôle de l'acquisition et de la détention d'armes ; 2° modification du Code pénal ; 3° abrogation de la loi du 20 avril 1881 concernant le transport et le commerce des matières explosives**

Le projet de loi n° 7425 a deux objectifs :

- transposer en droit luxembourgeois la directive (UE) 2021/555 du Parlement européen et du Conseil du 24 mars 2021 relative au contrôle de l'acquisition et de la détention d'armes (ci-après « la directive 2021/555 ») ;
- procéder à une refonte complète de la loi modifiée du 15 mars 1983 sur les armes et munitions.

La directive 91/477/CEE du Conseil relative au contrôle de l'acquisition et de la détention d'armes qui était à l'origine du projet de loi n° 7425 a entretemps fait l'objet d'une codification à droit constant tenant compte de ses modifications successives, qui se matérialise par la publication d'une nouvelle directive, à savoir la directive 2021/555 précitée et l'abrogation formelle de la directive 91/477/CEE.

La directive 2021/555 a pour objectif de faciliter le fonctionnement du marché intérieur des armes à feu sur le territoire de l'Union européenne, tout en garantissant un niveau élevé de sécurité pour les citoyens européens. Cet ensemble de règles vise à remédier aux problèmes susceptibles de survenir au cours du cycle de vie des armes à feu tout en comprenant la fabrication, le commerce, l'acquisition, la détention, la neutralisation et la destruction des armes.

La directive 2021/555 entend établir un équilibre entre, d'une part, l'engagement d'assurer une certaine liberté de circulation pour certaines armes à feu et leurs parties essentielles au sein de l'Union européenne et, d'autre part, la nécessité d'encadrer cette liberté par des garanties d'ordre sécuritaire, adaptées à ces produits.

En tenant compte des actes terroristes survenus en Europe ces dernières années, le législateur européen estimait nécessaire d'améliorer davantage certains aspects de la législation communautaire de façon proportionnée afin de lutter contre l'utilisation abusive des armes à feu à des fins criminelles.

Les principales nouveautés peuvent être résumées comme suit :

- extension du champ d'application : le champ d'application matériel de la directive 2021/555 est élargi sur quelques points afin de prendre en compte les objets facilement transformables en armes à feu. Ainsi, les armes à feu qui ont été modifiées pour pouvoir tirer des munitions à blanc, des produits irritants, des substances actives ou des articles de pyrotechnie sont couvertes par le champ d'application de la directive 2021/555 ;
- extension de la liste des armes à feu de la catégorie A : le classement des armes à feu dans les catégories d'armes a été partiellement modifié. Ainsi, certains types d'armes à feu soumises à autorisation (catégorie B) font désormais partie des armes interdites (catégorie A). De cette manière, l'acquisition d'une telle arme à feu, qui peut par dérogation être autorisée par les États membres, est soumise aux conditions particulières ;
- réexamen périodique des autorisations déjà délivrées : conformément au principe existant selon lequel il est légal de posséder une arme à feu lorsque les conditions d'acquisition sont réunies, les autorités sont désormais expressément tenues de réexaminer à intervalles réguliers les autorisations délivrées ;
- prescriptions en matière de conservation d'armes à feu et de munitions : les États membres sont désormais tenus d'émettre des prescriptions en matière de conservation sûre des armes à feu et des munitions. La directive 2021/555 ne contient toutefois que des prescriptions générales à ce sujet (à titre d'exemple, stocker les armes et les munitions de manière séparée) ;
- surveillance du commerce d'armes : la vente d'armes à feu et de munitions sur Internet est soumise à certaines conditions-cadres minimales, s'agissant des commerces fonctionnant avec des techniques de communication à distance, une transparence suffisante doit désormais être garantie au niveau de l'identité des personnes impliquées, en particulier de l'acquéreur ;
- amélioration du traçage des armes à feu : le marquage de tous les éléments essentiels d'armes à feu doit être effectué de manière claire, permanente et unique, et ce sans tarder après la fabrication et au plus tard avant la mise sur le marché ou sans tarder après l'importation dans l'Union européenne ;
- neutralisation des armes à feu : la directive 2021/555 indique quelles normes et procédures doivent être appliquées en vue de la neutralisation définitive des armes à feu. Les États membres ne sont toutefois pas tenus de neutraliser les armes. Les armes à feu neutralisées restent cependant considérées comme des armes soumises à déclaration.

Le projet de loi prévoit également des mesures nationales indépendantes de toute initiative européenne. Ainsi, le texte impose à l'armurier ainsi qu'à toute personne qui travaille dans une armurerie, c'est-à-dire, « sous l'autorité, la direction et la

surveillance d'un armurier », d'obtenir un agrément de la part du ministère afin de pouvoir exercer son travail.

Il est par ailleurs prévu de codifier la pratique administrative qui consiste à faire une enquête administrative afin de rassembler les informations nécessaires pour vérifier si la personne demandant une autorisation remplit les conditions légales y relatives.

Le projet de loi prévoit une panoplie de nouvelles dispositions issues de la pratique administrative et qui concernent notamment (i) les autorisations de port et de détention, d'acquisition et de transport d'armes et de munitions et (ii) les suspensions provisoires d'autorisations.

Finalement, dans un souci de sécurité juridique, certaines dispositions du règlement (UE) n° 258/2012 en ce qui concerne les opérations d'importation et d'exportation d'armes dites « civiles » sont reprises dans le projet de loi. Ce règlement est d'application directe depuis le 30 septembre 2013.

Dépôt par M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 19.03.2019

Rapporteuse : Mme Stéphanie Empain

Travaux de la Commission de la Justice

(Président : M. Charles Margue) :

08/05/2019 Présentation du projet de loi

22/05/2019 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi

05/06/2019 Examen du projet de loi

06/05/2020 Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et examen d'une série de propositions d'amendements

27/05/2020 Discussion générale au sujet des propositions d'amendements présentées

Examen article par article et adoption des amendements

07/07/2021 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

Présentation et examen d'une série d'amendements

13/07/2021 Présentation et adoption d'un projet de lettre d'amendements

27/10/2021 Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État

08/12/2021 Examen du troisième avis complémentaire du Conseil d'État

12/01/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 20/01/2022

Loi du 2 février 2022

Mémorial A : 2022, n° 49, page 1

## Fabrication et trafic illicites d'armes à feu

### **7428 - Projet de loi portant approbation du Protocole contre la fabrication et le trafic illicites d'armes à feu, de leurs pièces, éléments et munitions, additionnel à la Convention des Nations Unies contre la criminalité transnationale organisée, fait à New York, le 31 mai 2001**

Le projet de loi n° 7428 vise à approuver le protocole contre la fabrication et le trafic illicites d'armes à feu, de leurs pièces, éléments et munitions, additionnel à la Convention contre la criminalité transnationale organisée, adopté par la résolution A/RES/55/25 de l'Assemblée générale des Nations Unies le 31 mai 2001, ci-après désigné comme « le protocole ».

Le protocole est additionnel à la Convention contre la criminalité transnationale organisée, dite « Convention de Palerme », adoptée par l'Assemblée générale des Nations Unies le 15 novembre 2000 et ouverte à la signature des États le 12 décembre 2000 dans le cadre d'une conférence réunie à Palerme en Italie. Lors de ladite conférence, 123 des 130 États représentés, y compris le Luxembourg, ont signé la Convention de Palerme qui a été approuvée par le Luxembourg par une loi du 18 décembre 2007.

L'objectif du protocole est de promouvoir, de faciliter et de renforcer la coopération entre les États Parties en vue de prévenir, de combattre et d'éradiquer la fabrication et le trafic illicites des armes à feu, de leurs pièces et de leurs munitions.

Au niveau international, le protocole a été le premier instrument juridique global visant à réglementer la question du trafic illicite des armes à feu et de leurs pièces, éléments et munitions.



Même si, depuis l'adoption du protocole en 2001, le Traité des Nations Unies sur le commerce des armes, fait à New York le 2 avril 2013 et signé par le Luxembourg le 3 juin 2013 et approuvé par une loi du 23 mai 2014, règle de façon plus globale encore et dans une optique plus large la lutte contre le trafic illicite des armes à feu, le protocole reste un instrument important en la matière, ne serait-ce qu'en raison de ses interactions avec le règlement (UE) 258/2012 du Parlement européen et du Conseil du 14 mars 2012 portant application de l'article 10 du protocole des Nations Unies contre la fabrication et le trafic illicites d'armes à feu, de leurs pièces, éléments et munitions, additionnel à la Convention des Nations Unies contre la criminalité transnationale organisée (protocole relatif aux armes à feu) et instaurant des autorisations d'exportation, ainsi que des mesures concernant l'importation et le transit d'armes à feu, de leurs pièces, éléments et munitions.

La mise en œuvre de certaines de ces dispositions fait l'objet du projet de loi n° 7425, transposant la directive (UE) 2021/555 et destiné par ailleurs à remplacer la loi modifiée du 15 mars 1983 sur les armes et munitions.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 26/03/2019

Rapporteuse : Mme Stéphanie Empain

Travaux de la Commission de la Justice

(Président : M. Charles Margue) :

08/05/2019 Présentation du projet de loi

07/07/2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen des articles et de l'avis du Conseil d'État

Examen d'une série d'amendements

13/07/2021 Présentation et adoption d'un projet de lettre d'amendements

12/01/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 20/01/2022

Loi du 9 mars 2022

Mémorial A : 2022, n° 112, page 1

## 29<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

### Sommaire

1. **Ouverture de la séance publique** ..... p. 07  
M. Fernand Etgen, Président
2. **Vérification des pouvoirs et assermentation d'un nouveau membre de la Chambre des Députés** ..... p. 07  
M. Fernand Etgen, Président | Mme Jessie Thill
3. **Changements de composition de commissions parlementaires** ..... p. 08  
M. Fernand Etgen, Président
4. **Changements de composition de délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées internationales** ..... p. 09  
M. Fernand Etgen, Président
5. **Débat de consultation au sujet de l'analyse de l'opportunité d'introduire une obligation vaccinale sectorielle ou universelle** ..... p. 09  
Exposé : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé  
Débat : M. Claude Wiseler (interventions de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, M. Fernand Kartheiser, M. Dan Kersch, M. Laurent Mosar et M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire) (dépôt de la motion 1) | M. Gilles Baum (interventions de M. Fernand Kartheiser et Mme Josée Lorsché) (dépôt de la motion 2) | M. Yves Cruchten (intervention de M. le Premier Ministre Xavier Bettel) | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Sven Clement, Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, M. Georges Engel, M. Gilles Baum, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Yves Cruchten, M. Dan Biancalana, Mme Josée Lorsché et Mme Simone Beissel) | Mme Nathalie Oberweis (dépôt de la motion 3) (interventions de M. Yves Cruchten, M. Dan Biancalana et Mme Myriam Cecchetti) | M. Sven Clement | M. Marc Goergen  
Prises de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (interventions de Mme Josée Lorsché) | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État  
Motion 1 : M. Gilles Baum | M. Sven Clement | M. Fernand Kartheiser  
Vote sur la motion 1 (rejetée)  
Motion 2 : M. Marc Goergen | M. Claude Wiseler | Mme Nathalie Oberweis | M. Gilles Baum  
Vote sur la motion 2 (adoptée)  
Motion 3 : M. Yves Cruchten | M. Sven Clement | Mme Nathalie Oberweis | M. Claude Wiseler | M. Yves Cruchten  
Vote sur la motion 3 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert, M. François Bausch, Vice-Premiers Ministres ; M. Marc Hansen, Mme Sam Tanson et M. Georges Engel, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?  
(Négation)

### 2. Vérification des pouvoirs et assermentation d'un nouveau membre de la Chambre des Députés

Mir huelen haut en neie Member an d'Chamber op. A sengem Brëif vum 14. Dezember 2021 huet den Här Carlo Back matgedeelt, datt hie vum 19. Januar dëst Joer un op säin Deputéiertemandat verzicht. Esou wéi den Artikel 167 vum Walgesetz et virgesäit, muss e Suppleant op der Lëscht vun déi gréng aus dem Walbezierk Zentrum dozou opgeruff ginn, fir d'Mandat, dat fräigouf, weiderzeféieren. D'Kommissioun fir d'Iwwerpräiwung vun de Pouvoiren huet eng Reiefolleg vun de Suppleantë festgeluecht, déi den 30. Oktober 2018 vun der Chamber ugehall ginn ass. Dës Reiefolleg no ass den éischte Suppleant d'Madamm Jessie Thill, déi d'Mandat ugehall huet.

Et goufe weeder Zweifel nach Contestatiounen, wat d'Wielbarkeet vum Suppleant oder d'Incompatibilitëiten duerch Verwandtschaft oder Bestietnis ugeet, soudatt dem Artikel 6 (3) vum Chambersreglement no d'Chamber d'Gültigkeet vun de Pouvoiren vum Suppleant kontrolléiere kann. D'Artikele 6 (2) an 3 (1) vun eisem Reglement sinn agehale ginn, andeems d'Madamm Jessie Thill virum 14. Januar 2022 um 18.00 Auer, also véier Deeg virun dëser Sitzung, folgend Piëcen ofginn huet: eng Kopie vu hirer Carte d'identité, fir ze beweisen datt si Lëtzebuergerin ass an 18 Joer huet, e Certificat de résidence, fir ze beweisen, datt si am Grand-Duché leeft, souwéi eng Deklaratioun, op där steet, datt keng Incompatibilitëiten duerch Verwandtschaft oder Bestietnis bestinn. Mat dëser Deklaratioun erkläert si, datt si net Famill am éischte Grad oder am zweete Grad mat engem Deputéierten ass, net mat engem aneren Deputéierte bestuet ass an net iwwert d'Bestietnis mat engem aneren Deputéierten am éischten oder zweete Grad Famill ass.



Mat der Awëllegung vun der Madamm Jessie Thill huet de Parquet général der Chamber d'Konklusiounen iwwert déi fënnf Konditiounen, wat d'Wielbarkeet ugeet, matgedeelt. De Parquet général huet ënnersicht, datt d'Madamm Jessie Thill hir zivill a politesch Rechter besëtzt, zu kenger krimineller Strof verurteelt gouf, net strofgeriichtlech duerch eng Verurteilung hiert Walrecht verluer huet, net duerch eng Verurteilung hir Wielbarkeet verluer huet an net ënner Momperschaft steet.

Et ergëtt sech aus de genaue Kontrollen op deene gesamte Piëcen, datt d'Madamm Jessie Thill d'Konditiounen, wat d'Wielbarkeet ugeet, erfëllt, esou wéi se an den Artikelen 52 an 53 vun der Verfassung a vun den Artikelen 127 an 128 vum Walgesetz virgesi sinn, d'Madamm Jessie Thill vu kenger Incompatibilitéit duerch Verwandtschaft oder Bestietnis betraff ass, esou wéi et am Artikel 131 vum Walgesetz steet. D'Pouvoir vun der Madamm Jessie Thill sinn deemno gültig.

Ass d'Chamber mat dëser Konklusioun averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Loosst d'Madamm Jessie Thill wannechgelift erakommen.

Madamm Jessie Thill, ech bieden Iech, den Eed ze leeschten, esou wéi et am Artikel 57 vun eiser Verfassung virgesinn ass, an deen de follgende Wuertlaut huet: « Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'État. » Hieft wannechgelift déi riets Hand, fir den Eed ofzeleeën, a sot no mir: « Je le jure. »

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Je le jure.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech ginn Akt vum Eed vun der Madamm Jessie Thill. Madamm Thill, Dir sidd elo zum Member vun der Chamber proklaméiert. Meng Felicitationen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

(Applaudissements)

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Thill, ech ginn Iech d'Wuert.

**Discours de début de mandat**

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Här Chamberspräsident, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, et ass mir eng grouss Éier a Freed, haut meng éischt Ried an dësem héijen Haus ze halen. Als Alleréischst soen ech dem Carlo Back am Numm vun der grénger Fraktioun e grouss Merci fir seng wäertvoll Aarbecht, déi hien hei an der Chamber geleescht huet.

Hie gëtt mir elo dës immens Chance, d'Relève ze iwwerhuelen a mech fir meng Iwwerzeegungen anzusetzen. Bei dësen Iwwerzeegunge stinn d'Gerechtkeet an d'Chancëgläichheet ganz vir. Als iwwerzeegte Feministin wëll ech mech duerch meng parlamentaresch Aarbecht op all Niveau fir eng méi inklusiv Gesellschaft asetzen.

Wat a Sonndesrieden iwwert d'Matbestëmmung oft vergiess gëtt, ass, datt d'Liewensrealitéit vu virun allem jonke Fraen net genuch gesinn an net genuch thematiséiert gëtt. Feelgebuerten, Schwangerschaftsabbréch, sexuell an effektiv Opklärung, mee awer och d'Menstruatioun sinn nach oft Tabuthemen.

Eng konkreet Moossnam, déi mir zu Walfer am Schäferot lancéiert hunn, ass de Projet „Period Box“. Zu Walfer ware mir domadder déi éischt, déi op alle vun der Gemeng geréierten Toilette Boiten opgehaangen hu mat gratis Hygiënesartikelen wéi Tamponen a Binden. Vill Gemengen an Entreprisë si mëttlerweile

nogezunn. Esou hu Mënschen, déi menstruieren, Accès op Hygiënesartikelen, déi se sech entweder zu deem Moment net leeschte kënnen, emol eng Kéier net dobäi hunn oder wou den Accès stigmatiséiert, also schwierig ass.

Et ass eng Mesure, déi net vill kascht, d'ailleurs, ech weess, op den éischte Bléck net weltbeweegend wierkt, an dach ass et eng sanitär sozial Mesure, déi enttabuiséiert a soumat d'Gerechtkeet an d'Chancëgläichheet konkreet stäerkt a Mënschen an Nout hëllef.

Gerechtkeet zu Lëtzebuerg heescht och Accès op Logement. D'Wunnengspräisser gi säit Joerzéngten dramatesch erop. Et ass eng Situatioun, déi net méi drobar ass, an et ass e Punkt, op deem elo konsequent Politik ëngesat muss ginn, fir méi bezuelbare Wunnum ze schafen. De Problem vun den eidel stoende Wunnengen an de Baulücke muss méi an de Mëttelpunkt réckelen. Donieft mussen alternativ Wunnformen wéi zum Beispill Wunnegemeinschaften konsequent ënnerstëtzt ginn, well et fir vill Jonker wéi mech den Accès ass op en éischt Doheem.

Et ass fir dës Chancëgläichheet, fir déi ech mech wëll hei an der Chamber asetzen.

Gerechtkeet heescht awer am 21. Joerhonnert och, de Jonke vun haut déi beschte Chancen op eng prosper Loft, e stabilt Klima an eng gesond Natur ze ginn. De Klimaschutz ass eng gesamtgesellschaftlech Erausforderung. Et geet net méi just drëms, den Äisbier op engem schmëlzende Stéck Äis ze retten, mee ëm eis ege Liewensgrundlagen!

Mir hunn et allegueren dës Summer materlieft: D'Klimaadaptatioun gëtt ëmmer méi wichteg. Naturkatastrophen kënnen esou zwar net verhënnert ginn, hiren Impakt kann awer reduzéiert ginn. E Beispill dovun ass d'Renaturéierung vun onse Flëss an onse Baachen. Do gëtt dem Waasser méi Plaz gemaach an d'Iwwerschwemmungszon geziilt aus dem Siidungsgebiet erausgeluecht. Zu Walfer hu mer et gesinn, datt duerch d'Renaturéierung vun engem Deel vun der Uelzech manner Gebidder duerch d'Uelzech iwwerschwemmt goufe wéi nach 1995. Duerch d'Klimakris wäerte mir an Zukunft ëmmer méi esou Staarkreenevenementer kréien. Dofir si Klimaopassungsmaassnahmen esou wichteg.

Esou Mesurë si wichteg, mee d'Zäit leeft ons dovun. Ëmmer méi Jonker gi sech deem bewosst a maache sech extreem Suergen ëm d'Klima an hir Zukunft. Grënn, fir sech Suergen ze maachen, gëtt et genuch: Verloscht vun der Biodiversitéit, Hongersnéit, Konflikter a Mënschen, déi hiert Doheem verléieren, extreem Wiederphenomeneer, Iwwerseierung an d'Klamme vun onse Mierer, Verloscht vu Liewensraum sinn alles laang bekannte Konsequenzen vun der Klimakris.

D'Wëssenschaft warnt säit Joerzéngten, datt et e rasante Klimawandel gëtt, datt e mënschegemaach ass an datt e souwäit wéi méiglech muss begrenzt ginn. Ze laang gouf just nogekuckt an op d'Zäit gespillt. Elo kënnen mir nach duerch politesch Courage déi mënschegemaachen Ärderwiermung op 1,5 Grad limitéieren. D'Zäit leeft! All Zéngtel Grad méi wäerten déi Jonk vun haut an déi zukünftige Generatiounen ze spiere kréien. Dofir mussen mir elo alles drusetzen, dës Zil ze erreechen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Als Ëmweltphysikerin weess ech, wéi wichteg d'Energiesécherheet ass. Déi Sécherheet kréie mir net, wa mir weiderhin op Atom- a Fossilenergie setzen. Dës sinn net nohalteg an net zuverlässeg. D'Zukunft gehéiert den erneierbaren!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Mir müssen op eng propper an am beschten dezentral Energieversuerung setzen, déi zum Beispill op Wand, Solar a Biomass baséiert. Konkreet Klimaschutz wäert dowéinst e Kärtheema vu menger Aarbecht hei an der Chamber sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sti fir eng Gesellschaft, an där et egal ass, wou een hiekrënn, eng Gesellschaft, déi net op Kreditt leeft, mee an där d'Liewensgrundlage fir d'Zukunftsgeneratiounen erhalte bleiwen, eng Gesellschaft, déi jidderengem e bezuelbaren Daach iwwert dem Kapp an e Liewen an Dignitéit garantéiert.

Här Chamberspräsident, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech freeë mech, datt ech mech an den nächste Joren an dësem héijen Haus als nei jéngsten Deputéiert fir eng sozial gerecht an nohalteg Gesellschaft engagéiere kann!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

(Applaudissements)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Thill.

### 3. Changements de composition de commissions parlementaires

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt, hunn ech folgend Ofännerunge matgedeelt kritt:

An der Commission des Comptes ersetzt d'Madamm Jessie Thill den Här Carlo Back.

An der Commission du Règlement ersetzt d'Madamm Jessie Thill den Här Carlo Back an d'Madamm Stéphanie Empain ersetzt d'Madamm Djuna Bernard.

An der Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace ersetzt d'Madamm Jessie Thill den Här Charles Margue fir de Volet Espace.

An der Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications ersetzt d'Madamm Jessie Thill den Här Carlo Back.

An der Commission de la Fonction publique ersetzt d'Madamm Josée Lorsché den Här Carlo Back.

An der Commission de la Mobilité et des Travaux publics ersetzt d'Madamm Jessie Thill den Här Carlo Back fir de Volet Mobilité an d'Madamm Semiray Ahmedova ersetzt den Här Carlo Back fir de Volet Travaux publics.

An der Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire ersetzt d'Madamm Jessie Thill den Här Carlo Back.

An der Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense ersetzt d'Madamm Jessie Thill den Här Carlo Back.

An der Commission du Logement ersetzt d'Madamm Jessie Thill den Här Marc Hansen.

A schliisslech an der Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale ersetzt den Här Marc Hansen den Här Carlo Back fir de Volet Sécurité sociale an d'Madamm Djuna Bernard ersetzt den Här Carlo Back ausser fir de Volet Sécurité sociale.

Gëtt et iergendwellech aner Ännerungsvirschléi? Ech gesinn, datt dat net de Fall ass.



Ass d'Chamber mat dësen Ännerungsvirschléi averstane?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

#### 4. Changements de composition de délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées internationales

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentareschen Delegatiounen ubelaangt, si follgend Ännerungen agaangen:

An der Délégation luxembourgeoise auprès du Conseil parlementaire interrégional, dem CPI, ersetzt d'Madamm Jessie Thill den Här Carlo Back als Membre suppléant.

A schliisslech an der Délégation luxembourgeoise du groupe de contrôle parlementaire conjoint d'Europol ersetzt d'Madamm Stéphanie Empain den Här Carlo Back als effektive Member an d'Madamm Jessie Thill ersetzt d'Madamm Stéphanie Empain als Membre suppléant.

Gëtt et dozou iergendwellech aner Ännerungsvirschléi? Ech gesinn, datt dat net de Fall ass.

Ass d'Chamber mat dësen Ännerungsvirschléi averstane?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

#### 5. Débat de consultation au sujet de l'analyse de l'opportunité d'introduire une obligation vaccinale sectorielle ou universelle

Mir kommen elo zur Consultatiounsdebatt iwwert d'Afféierung vun enger Impfflicht. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, den Här Gilles Baum, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Nathalie Oberweis, den Här Sven Clement an den Här Marc Goergen.

An ech géif d'Wuert elo un de Premier- a Staatsminister Xavier Bettel ginn.

##### Exposé

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, ech soen Iech Merci, dass mer haut an deem héijen Haus dësen Debat kënnen féieren. Ech weess aus mengem viregte Liewen och, dass en Débat de consultation ganz oft Wochen a Méint Virbereedungsarbecht freet. Mir sinn awer hei an enger Situatioun - an deem si mer eis all bewusst -, déi eis keng Wochen a Méint Zäit léisst fir ze agéieren.

Mir hu vun Ufank u gesot, dass mir eis mam Virus hei an enger Course befannen, eng Course géint de Virus. An erlaabt mer, dass ech hei och als Orateur ufänken, dono d'Madamm Tanson eeben och op déi ganz juristesche Froe wäert agoen an dann d'Madamm Gesondheitsministesch eeben och op déi sanitär Froen.

Da kënnt den Debat, dee jo och wichteg ass, fir eeben Iech kënnen haut nozelauschteren. An dono kann d'Regierung jo, nom Debat, nees eng Kéier intervenéieren. Do géif d'Madamm Gesondheitsministesch ufänken, an dann d'Justizministesch an ech géif dann de Schluss maachen.

Mir hunn an där Course, déi ech Iech virdru beschriwwen hunn, scho méi wéi eng Kéier d'Gefill gehat, mir wieren nobäi, mir hätten et gepackt, et wier de leschten Endspurt. An ech weess, dass mer déi lescht 24 Méint ganz oft gesot hunn: „Hei, et ass nach eng kuerz Zäit. Baisst op d'Zänn, et ass net méi fir laang! Mir komme gläich aus der Situatioun eraus.“ An all Kéiers, wa mer dat gemengt hunn, huet d'Pandemie eis awer nees, ëmmer erëm, ageholl, net zulescht mat der Omikronvariant, wou mer Rekordzuelen hu vun Infektiounen.

Och wann d'Infektiounszuele klammen - an dat gesi mer, dat ass net nëmme hei, dat ass och weltwäit -, gesi mer, dass sech awer eppes fundamental och zum Besseren verännert huet: D'Situatioun an de Spideeler, wann ee vergläicht mam leschte Joer, ass haut eng ganz aner wéi déi, déi mer virun zwielef Méint kannt hunn. An dës Situatioun ass zum gréissten Deel och kloer op d'Impfungen zrëckzeféieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | D'Impfungen, déi d'Leit hei zu Lëtzebuerg awer wierklech och an enger grousser Zuel suivéiert hunn. A mir kënnen dat mat Donnéeën, mat empirischen Donnéeën hei aus dem Land an och aus dem Ausland beleeden. Et ass e Constat, dass d'Impfung de Risk vun engem schwéiere Krankheitsverlaf an och vis-à-vis vum Doud wierklech däitlech verbessert. D'Patienten op der Intensivstatioun - dat gesi mer déi lescht Wochen, déi lescht Deeg, och schonn déi lescht Méint, mee nach méi accentuéiert déi lescht Deeg - sinn zum gréissten Deel net geimpfte Leit.

An et gesäit ee mat den Zuelen, déi mer hunn: Mir hunn nach dës Woch an nach d'lescht Woch dräi Doudeger, sechs Doudeger gehat bei deene leschte Fäll, déi mer haten. Déi Leit, déi gestuerwe sinn, waren iwwer 80, iwwer 90, an et gouf awer och jonk Persounen ënner 60, déi net geimpft waren, déi gestuerwe sinn. Dat heescht, den Impfstoff wirkt an dat ass eng Realitéit!

Mir hunn Iech jo och déi Dokumentatioun matginn eeben iwwert den Impakt vun der Impfung, an déi Infoe si jo net nëmme Iech zur Verfügung gestallt ginn, mee och dem breede Public accessibel gemaach ginn.

Mir hunn et ëmmer erëm gesot: D'Impfung ass de beschte Wee eraus aus der Pandemie. Net, dass ee mengt, ... An ech weess, dat war ganz am Ufank vläicht eng Positioun, eng Hoffnung, jo, et kann een och soen, dass ee gemengt huet, dass de Virus am Fong géif verschwinnen duerch d'Impfung. Dat war am Ufank eng Hoffnung, déi mir alleguerten haten. Mir hu geduecht: Wa jiddweree geimpft ass, dann ass de Virus och fort.

Mir wëssen haut, dass dat net wäert geschéien. Mir wëssen, dass de Vaccin - an ech widerhuelen et elo fir d'zweet an ech wäert et nach zéngmol widerhuelen - net onbedéngt virun enger Ustiechung schützt. Mir gesinn, dass och Leit, déi geboostert gi sinn, sech kënnen ustiechen. Dat ass eng Realitéit. Mee mir gesinn, dass de Gros vun de Leit, déi op der Intensivstatioun landen, net geimpft waren. An dat huet och déi Pressekonferenz, wou jo och Doktere vum Terrain waren, wierklech accentuéiert, dass wann een den Total mécht vun deene Leit ... Well da gëtt gesot, et wier bal 50:50. Jo, mee et sinn 80 % geimpft an 20 % net geimpft. Dat heescht, et muss een de Pro-rata maachen, esou wéi och den Dokter Werer, wann ech mech net ieren, et gesot huet. En huet d'Beispill vun deenen aacht geholl, déi am CHL waren. Do huet e gezielt: Deen een hat en Autosaccident, mee e war och positiv etc, etc. An dunn ass en nach op ee komm, deen e richtege Covidpatient war, deen och am Spidol

war mat enger Impfung. Mee dat heescht, dass d'Zuelen dat eent sinn an d'Realitéit um Terrain dat anert reflektéiert. An dofir ass et och wichteg, deene Leit, déi all Dag um Terrain schaffen, d'Wuert ze ginn, fir och ze erklären, wat se all Dag do erliewen.

Mir mussen eis da bewusst sinn, dass et ganz wéineg Fäll gëtt - an da mat schwierigen Erkrankungen, wann net Comorbiditéiten, oder wa se och schonn aner Pathologien hunn - vu Leit, déi op der Intensivstatioun landen, wa se geimpft sinn, wat awer net de Fall ass bei net geimpfte Leit. Jo, Impfe schützen viru schlëmmen Krankheitsverleef an Impfe rett och Liewen!

Mir mussen op där anerer Säit awer och léieren, mam Virus ze liewen. Mee dat kënnen mer awer och eréischt maachen, wa mer wëssen, dass de Gros vun deene Leit, déi riskéieren, an d'Spidol ze kommen, de Gros vun deene Leit, déi och riskéieren ze stierwen, och geimpft sinn, well mir wëllen - an dat ass jo ëmmer de But - eng Surcharge an de Spideeler evitéieren. An och wann d'Situatioun an de Spideeler am Moment éischter stabel ass, leien awer och nach ëmmer ze vill Leit op der Intensivstatioun, an nach ëmmer sinn et ze vill Leit, déi u Covid-19 stierwen.

Mir kënnen net als Fatalitéit soen: „Jo, et sinn der just 20!“ - et ass keng normal Situatioun, dass 20 Leit oder 50 oder 60 Leit op Normalbetter an 20 Leit op Intensivbetter sinn -, dass mer einfach soen, „Dat ass normal an domadder mussen mer ëmmer kënnen liewen.“ Nee, d'Normalitéit wier, wa mer et fäerdeg géife bréngen, dass déi Zuele wierklech ënner zéng géife falen a selbstverständlech, wéi mer alleguerten hopen, op null.

D'Diskussiounen iwwert d'Impfflicht mussen gefouert ginn. Et ass - an ech hunn dat och schonn hei gesot, Här President - eng vun deene wichtigsten an awer och eng vun deene schwéiersten Decisiounen, déi mir an de leschte Joren, jo vläicht souguer an deene leschte Joerzénge ze huelen haten. All zesummen!

D'Fro vun der Impfflicht, an dat hunn ech och virun e puer Wochen hei gesot, kann een net mat Jo oder mat Nee beäntweren. Et kann een net soen: „Et ass Jo“, oder „Et ass Nee“, mee wéi ass engem egal.

E jo zur Impfflicht ass am Fong just eng éischt Etapp, déi och mat ville weidere Froen verbonnen ass. A grad dowéinst setzt d'Regierung eeben op eng breet Consultatioun. A mir hunn dës Consultatiounen jo, wéi Der wësst, an zwee Deeler opgedeelt. An enger éischter Etapp war déi „question préjudicielle“, wann ech mer erlabe kann, déi esou ze nennen: Brauche mer eng Impfflicht an d'Noutwendegkeet vun enger Impfflicht an och eeben eng Analys dovun op enger wëssenschaftlecher Basis?

Duerfir hu mir och zesummen als Regierungsrot fénnef Leit gefrot, ob se interesséiert wieren, fir an deem Grupp ad hoc ze sinn, Leit, déi net an engem Ministère schaffen, Leit, déi net an enger Administratioun schaffen, mee Leit, déi onofhängeg sinn an déi hir Meenung eeben och sollten no dem aktuelle sanitäre Wëssensstand analyséieren.

Mir hu gefrot, deen Avis ze kréien. Den Avis ass jo och d'lescht Woch bekannt ginn. Dir hat och d'Méiglechkeet, wann ech mech net ieren, gëschter mat deenen Experten en Austausch ze hunn an eeben och hinnen déi Froen ze stellen, déi fir deen een oder deen aneren nach opstoungen.

An déi fénnef Experten, Här President, sinn an hirer Analys ganz kloer: Si recommandéieren eng Impfflicht fir all Resident iwwer 50 an och fir jiddereen, deen am Gesondheits- an am Fleegeberäich schafft.

D'Regierung wäert dës Recommendationen suivéieren an d'Prinzipien och iwwerhuelen, esou wéi



d'Experte se och festgehalten hunn. Dës Positioun ass fir ons alternativlos. Mir kënnen net deen ee Moment soen, dass d'Necessitéit vun enger Impfflicht muss wëssenschaftlech begrënnt sinn, an dann dee Moment, an deem mer e kloren Avis hunn, deen dat och freet a laut deem eng Impfflicht néideg ass, de Contraire decidéieren.

Jo, mir brauchen eng Impfflicht zu Lëtzebuerg! Déi Fro ass tranchéiert. Net vu Politiker, mee vun Experten. D'Experten hu kloer ... An Dir wësst jo: An deem Expertegrupp ware Virologen, Leit vun der Uni, déi d'Modellisatione maachen, Leit och aus dem Spidol. An déi Leit - erlaabt mer, dat ze soen -, déi fënnf Experten, verstéi méi wéi déi meescht vun eis heibanen. Ech weess, dass et ganz vill Experte gëtt. Et gëtt déi lescht zwee Joer och Leit, déi eng Connaissance scientifique kritt hunn, déi mech ëmmer iwwerrascht, mee deene fënnf Experten hir Konklusioun ass fir mech, wann ee se gefrot huet, ... An et ass eng Analys och komm, dann huet een dat och ze respektéieren an dat och zur Kenntnis ze huelen als wëssenschaftlech Basis.

Mee mir sinn ons och bewusst, dass wann een eng Impfflicht wëll aféieren, dass dat och aner Froe mat sech bréngt. Dat si Froen zur gesellschaftlecher, zur eethescher, zur juristescher Ëmsetzung vun der Impfflicht. An dat si Froen, déi mussen mir politesch klären! Et ass net d'Missioun vun der Wëssenschaft, dat ze maachen. D'Wëssenschaft hat hiren éischten Deel. Den zweeten Deel ass onsen Deel.

An dat bréngt mech dann eeben och zum zweeten Deel. An d'Regierung huet e Froekatalog ausgeschafft, dee mir un d'Chamber an och un déi concernéiert Acteuren aus der Zivilgesellschaft geschéckt hunn. An ech hunn et och scho méi wéi eng Kéier gesot: Mir hunn d'Ambitioun a wierklech de Wunsch, dës Froe mat enger breeder gesellschaftlecher an och politescher Majoritéit ze tranchéieren. Mir si bereet, den Argumenter alleguerten nozelauschteren. Mir sinn och de politesche Parteien ... Déi, déi och elo schrëftlech komm sinn, déi mussen elo analyséiert ginn. Är Positiounen haut sinn eeben och ganz wichteg, fir ze kucken, duerno dee gréisstméigleche Konsens an deem doten Text ze fannen.

Mir sinn un engem éierlechen Debat interesséiert, net un engem Débat de politique politicienne, en Debat, an deem och net schonn am Viraus fest Positiounen kommen an an deem een da seet: „Hei, d'Regierung hätt gär dat do, an dat ass esou.“ Nee, fir eis ass et wichteg, dass jiddwereen d'Chance huet, fir seng Argumenter virzedoen an dass mer haut dann eeben och net op Detailer wäerten agoen, well mer eeben och déi Detailer vun der Impfflicht hei net wëllen deklaréieren.

Mir lauschtere gäre fir d'éischt no. Mir huelen Är Äntwerten op ons Froe mat a wäerten eréischt no dësem Debat dann eeben, esou wéi ech et och ugekënnegt hat, en definitiven Text iwwert d'Ëmsetzung vun der Impfflicht preparéieren.

D'Regierung wäert och den Input, esou wéi ech Iech et virdu gesot hunn, vun den Acteuren a Consideratioun huelen. An ech wëll hinne vun dëser Plaz e ganz, ganz grouse Merci soen, well ech weess, wéi kuerz den Delai elo war tëschent dem Envoi vun de Froen an eeben elo och den Äntwerten, déi se preparéiert hunn.

Fir eis ass et wichteg, hinnen nozelauschteren, a bei enger sektorieller Impfflicht - ech sinn och elo frou, dass den Aarbechtsminister do ass, dass mer och mat de Sozialpartner do den Dialog sichen -, eng Impfflicht op der Aarbecht ... An dat war och scho mam Virgänger Här Kersch an och scho mam Här Hansen

de Fall: Et ass zesumme gekuckt ginn, no Léisungen ze sichen a mer hunn och dee breetste Konsensus fonnt, zum Beispill mat de Sozialpartner fir déi Saachen, déi eeben op der Aarbechtsplaz kéinte Repercussioune hunn.

Här President, d'Afféiere vun enger Impfflicht kann een och net lassléise vun dem weidere Verlaf vun der Pandemie, an dat soen eis och d'Experte ganz kloer. De Virus wäert net verschwannen. Onst Zil muss duerfir sinn, déi Mënschen ze schützen, déi e schwéiere Krankheitsverlaf riskéieren oder och nach am schlémmste Fall den Doud. Onst Zil muss och sinn, eist Gesondheitswiesen dauerhaft ze entlaaschten. Ouni Impfflicht erreche mir dëst Zil net séier genuch.

A loosst mech dat hei och, Här President, wann Der erlaabt, eebe mat Zuelen erklären. De Moment si ronn 35.000 Leit vun enger Populatioun vun iwwer 50 Joer net geimpft. Déi lescht Woch goufe ronn 350 Leit vun där Alterskategorie fir d'éischt geimpft. Dat ass ronn 1 % an enger Woch. Dat heescht, wa mer soen, mir kucke weider, mir loosse et gewäerden, brauche mer op d'mannst 100 Wochen - 100 Wochen! -, fir sécher ze sinn, dass déi Leit, bei deenen d'Experte selwer soen, dass si dee gréisste Risk hunn, fir an d'Spidol ze kommen oder ze stierwen, komplett geimpft kéinte sinn.

Ech muss Iech soen, dass mer eis net kënnen erlaben, esou laang ze waarden an ze soen - bal zwee Joer ass dat -, dass mer dann eebe mussen hoffen, hoffen, dass et riicht ausgeet!

An de Gros vun der Populatioun, ons Gesellschaft ass midd. An ons Gesellschaft gëtt ëmmer méi midd, no bal 24 Méint, ënner Restriktiounen ze liewen. Mir kënnen a mir wëllen d'Leit net einfach onnéideg an hire Fräiheeten aschränken. D'Impfflicht erméiglecht, och en Deel vun där Fräiheet kënnen zrëckzufannen.

Den Debat ronderëm d'Impfflicht ass en Ofweie vu Vir- an och vun Nodeeler. Nieft den offensichtleche Virdeeler, déi eng Impfflicht fir de Schutz vun der Gesondheet vun all Enzele mat sech bréngt, ass et och d'Perspektiv vun engem Enn vun der Pandemie, déi och en entscheidend Argument am Fong a Richtung vun enger Impfflicht ass.

An d'Regierung hofft och, nom Akraafttriede vun der Impfflicht d'Restriktiounen kënnen zrëckzuféieren op e Minimum. Selbstverständlech muss een d'Situatioun dann analyséiere kënnen. Mee de But ass, an dat seet och en Deel vun den Experten, dass wann d'Impfflicht kënnt, dat heescht, déi Vulnerabelst geschützt sinn, déi aner Leit och méi Fräiheete kënnen kréien, well de Cordon sanitaire jo méi large gemaach gëtt a si och selwer geschützt sinn.

Mir hoffen, erëm esou vill Normalitéit a Fräiheet wéi méiglech kënnen ze garantéieren.

Här President, loosst ons dëst Zil zesummen ugoen! Loosst ons dës Wee zesumme goen! D'Impfflicht ass keng Decisioun, déi mir ons einfach maachen. Mir hunn haut an déi nächst Wochen d'Chance, mat enger breeder Stëmm ze schwätzen, enger staarker Stëmm fir en Enn vun der Pandemie an där Richtung, enger staarker Stëmm fir d'Gesondheet an enger staarker Stëmm fir d'Fräiheete vun ons alleguerten.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel. An ech ginn d'Wuert elo un d'Madamm Justizministesch Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir beweegen

ons elo schonn zënter Méint ronderëm déi Diskussioun vun enger Impfflicht. A mir hunn och gesinn, dass mer domat bei Wäitem net déi eenzeg sinn. Et ass eng Diskussioun, déi an eisen Nopeschlänner gefouert gëtt, déi an anere europäesche Länner gefouert gëtt a bei där och schonn Decisiounen geholl goufen, sief et zu sektoriellen, zu generellen oder zu altersbedéngten Impfflichten.

A jo, mer hunn ons schwéiergedoe mat dëser Diskussioun. A vill vun ons, moi inclus, ware laang Zäit der Meenung, dass mer och kéinte laanscht dës Diskussioun an dës Decisioun kommen. Mer kéinten d'Leit mat Fakten, mat Argumenter, mat Wëssenschaft, mat moraleschen Appeller iwwerzeegen, et vu sech aus ze maachen.

Vill hunn dat gemaach. 80 % vun der erwuessener Populatioun. Mee dat seet ons awer och, dass ee vu fënnf et net gemaach huet, dass ee vu fënnf sech net duerch Zourieden, duerch Informéieren, duerch Informatiounsaarbecht an Iwwerzeegungsarbecht dozou beweege gelooss huet.

Parallèl dozou, hu mer zënter bal zwee Joer eng Ausnamesituatioun, eng Situatioun, wéi onst Land se zënter 1945 net méi kannt huet. Mir, dat heescht d'Regierung an Dir alleguerten heibanen, decidéieren zënter dem 18. März 2020 ofwiessend, wéini an ob een d'Leit virun d'Dier goen, zu wéi vill ee sech d'Leit gesinn, ob e Café, e Restaurant, eng Disko d'Leit op- oder zohunn, ënner wéi enge Konditiounen een d'Leit dohinne goen, ob d'Kultur d'Leit mat Public stattfannen, ob de Sport kann ënner Applaus stattfannen a virun allem och, ob eis Kanner a Jugendlecher dierfen an d'Schoul goen oder net, ob se dierfen hiren 18. Gebuertsdag mat Frënn feieren, ob se dierfen op der Uni nei Leit kenneléieren oder einfach nëmmen onbedarf duerch d'Liewe goen.

Mer beschneiden d'Fräiheete vun all eenzelem Bierger hei am Land zënter zwee Joer massiv op eng Aart a Weis, déi ech mer, éierlech gesot, ni hätt kënnen virstellen an déi, mengen ech, och keen heibanen wëll.

An elo diskutéiere mer haut iwwer eng aner Fräiheet: d'Fräiheet ze decidéieren, sech impfen ze loosse oder net, d'fräi Bestëmmung iwwer säin eegene Kierper, d'Patientenautonomie a soumat och d'Recht op de Respekt vun der Privatsphär, vum Privatlewen, geschützt duerch den Artikel 8 vun der Mënschenrechtskonventioun.

Datt eng Impfflicht per se vun engem reng juristesche Standpunkt hier méiglech ass, wësse mer spéitstens zënter dem Arrêt Vavříčka géint d'tschechesch Republik vum 8. Abrëll zejoert.

Datt eng Impfflicht an der aktueller Situatioun vum sanitäre Point de vue néideg ass, beschreift den ad-hoc-Expertsgrupp mat Chiffres à l'appui - de Premier huet se elo grad nach genannt - a sengem Avis vun der leschter Woch.

Iwwert den Nutzen op gesellschaftspoliteschem Plang ginn d'Meenunge verständlecherweis wäit auserene. Mir sinn hei an Neiland. Mir gesinn den Impakt vun dësen Mesuren zwar am Ausland, mee et ka keen ons garantéieren, dass se zu Lëtzebuerg de gewënschten Effekt erreche wäerten, dat heescht, dass mer duerch eng Impfflicht genuch Leit kënnen dozou beweegen, sech impfen ze loosse an dass dës Impfflicht net zu nach méi grouse Spaltungen an eiser Gesellschaft féiere wäert, mat alle Konsequenzen, déi dat an der Lescht scho fir eise Rechtsstaat mat sech bruecht huet.

Ech sinn awer der Meenung, dass mer alles musse probéieren, wat an onser Hand läit, all Moyene



mussen ausschöpfen, déi et gëtt, fir dës Pandemie op en Enn ze bréngen, an zwar esou séier wéi méiglech.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Mir sinn et der ganzer Gesellschaft schëlleg. Mir sinn et onse Kanner a Jugendlechen schëlleg. A mir sinn et virun allem och dem Gesondheetspersonal schëlleg, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | ... dat zënter Méint op der Felg fiert.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Mir wëssen och, dass d'Impfung de Wee aus der Krisensituatioun eraus ass, e quasi onverhoffte Wee. A mir wëssen, dass een op fënnf sech net vu sech aus impfe gelooss huet. Bleift also de Wee vun enger Verpflichtung fir d'Leit, fir et ze maachen.

Vu dass et hei ëm d'Aschränke vun engem Grundrecht geet, muss dës Verpflichtung e kloert, definéiert Zil verfollegen. Donieft muss d'Verpflichtung noutwendeg sinn, fir dëst Zil ze erreechen an d'Verpflichtung muss verhältnisméisseg sinn. Déi lescht Konditioun ass déi, dass d'Recht op en equitable Prozess muss garantéiert sinn. An dës véier Konditiounen decouléieren aus dem Arrêt vum Abrëll zejoert. An ech ginn elo dorobber an, wat se an dësem Fall bedeuten.

Déi zwee generell Ziler vun enger Impfflicht wieren, d'effentlech Gesondheet ze schützen an d'Fräiheet vu jidderengem. Am Detail deklinéiert géif dat heeschen: Zil ass et, dass onse Gesondheetssystem net méi iwwerlaascht gëtt vu Covidkranken, wat nees d'Gesondheet vu jidderengem a Gefor bréngt. Zil ass et awer och, dass mer all de Bierger, de geimpften an de bis ewell net geimpften, hir Fräiheeten erëmginn, also net just d'Recht op Privatliwien, mee och d'Recht op Bildung, d'Recht op Kultur, d'Recht op Sécherheet, d'Recht op de Bien-être an deem Land, an deem se liwien, an d'Recht op Gesondheet.

Duerno stellt sech d'Fro vun der Noutwendegkeet. Ee vu fënnf ass net geimpft. D'Impfung ass awer erwisenermoossen d'Sortie aus dëser Krisensituatioun eraus. Mer hunn iwwert dat lescht Joer ganz vill gemaach, fir d'Leit op eng duuss Aart a Weis dozou ze kréien, sech impfen ze loosse. Mer hunn Appelle gemaach. Mer hu se ugeschriwwen. Mer hu Campagnë gemaach. An et goufen extreem vill Impf-méiglechkeeten uechtert d'Land ugebueden.

Et kann ee sécher nach méi maachen! An eng Verpflichtung verhënnert och net, dass weider Efforte muss gemaach ginn. Mee zu engem gewëssene Moment muss de Staat, muss d'Regierung, muss d'Chamber hir Verantwortung iwwerhuelen an och ganz kloer soen: „D'Impfung ass de Wee aus dëser Kris!“

Natierlech hëllefen Testen, Distanzen, Kontaktreduzierungen, mee näischt hëlleft esou gutt wéi eng allgemeng Impfung vun der ganzer Populatioun. An da stellt sech fir mech déi eng kruzial Fro: Wat ass, wa mer dat net maachen? Dierfe mer et einfach net maachen? Dierfe mer ons virun dëser Verantwortung zéien, well et ganz sécher nach Froe sinn, déi ze kläre sinn? Wéi ass ons Verantwortung auszeleeën, wa mer dës Kartusch net zéien?

Mir diskutéieren haut bestëmmt vill driwwer, wéi eng Konsequenzen eng Impfflicht fir ons alleguerte wäert hunn. Mir mussen ons awer och d'Fro stellen, wéi eng Konsequenzen et huet, wa mer keng Impfflicht aféieren. Jo, mir sinn hei éischter am Beräich vum Preventiven, vum Precautionsprinzip. Mir sinn och, an dat wéi d'Droitsprofessere Stefan Braum a Jörg Gerkrath

et schreiwen an hirem Avis, schonn zënter dem Ufank vun der Pandemie am Beräich vum experimentelle Recht. Mee nawell, wann een déi etabléiert Rechtsprinzipien op dëse Fall applizéiert, léisst eng Impfflicht sech absolut vertrieiden.

Bei der Noutwendegkeet musse mer eis awer och froen, fir wien esou eng Verpflichtung noutwendeg wier. Hei ginn d'Meenunge jo vun deenen, déi eng Impfflicht befürworten, am wäitsten ausereen. D'Experte schwätze vun enger Limit vu 50 Joer. Vill Avice schwätze sech fir eng generell Pflicht ab 18 Joer aus. Et geet dobäi vill rieds vu Solidaritéit, vun eethesche Grundprinzipien an och vu Messagen, déi dat dem Rescht vun der Populatioun gëtt, wa mer soen, et muss ee sech eréischt ab 50 impfe loosse.

Ech ka vill vun dëse Bedenke verstoen, mee mir sinn och verflucht, den Agrëff esou kleng wéi méiglech ze halen. Dat gesäit zum Beispill och déi minoritär Meenung am däitschen Ethikrat vir. Hei ware 7 vun 20 Memberen, déi an engem minoritären Avis geschriwwen hunn, géint 13 vun 20, déi géint déi allgemeng Impfflicht sinn: „Es ist ein ethisches Grundgebot zur Erreichung eines Ziels, das jeweils mildere effektive Mittel einzusetzen.“ A virun enger potenzieller Ausweidung op d'ganz Populatioun misst alles gemaach ginn, fir déi manner breet Pflicht ëmzesetzen. Och dat kéint de gesellschaftleche Spannungen entgéintwierken.

No heiru läit och d'Fro vun der Verhältnisméissegkeet vun esou enger Pflicht, an déi miesst sech allem virop un de Strofen, déi ausgeschwat kënne ginn. Et stécht schonn extreem vill Konfliktpotenzial an dëser Mesure an et gëllt, dësen net ze exacerbieren. An de meeschten Avisen, déi sech heizou positionéieren, gëtt eng administrativ Strof favoriséiert. Esou schreiwen d'Professere Gerkrath a Braum: « Une sanction imposée par les instances du système de justice pénale ne pourrait pas prévoir une procédure appropriée simple et néanmoins équitable pour constater la violation de l'obligation. » Eng Fro, déi mer haut de Mëtte mussen diskutéieren.

Dann natierlech och déi, wéi dës Strofe kéinten ausgesinn. E Stéchedatum? E fixe Montant? Wa jo, wéi héich? D'Méiglechkeet, e puermol ze strofen? Natierlech ass och d'Fro vum Montant determinant. En dierf weeder ze niddreg sinn nach ze héich, fir och kënne verhältnisméisseg ze bleiwen.

Am Urteel vum Abrëll zejoert hunn d'Stroosbuurger Riichter och ervirgestrach, dass d'Stof just eemoleg kéint gesprach ginn, fir festzehalen, dass dës verhältnisméisseg wier. Och den Délai de recours ass e wichtige Sujet. Dësen dierf op där enger Säit net ze laang sinn, fir ze verhënnern, dass d'Impfflicht kann an d'Längt gezu ginn. Den Délai muss awer och laang genuch sinn, fir dass d'Rechter vum Concernéierte respektéiert bleiwen. Souwuel, fir d'Obligatioun vun der Vaccinatioun anzeféieren, wéi och, fir d'Sanktiounen en cas de refus kënnen ëmzesetzen, muss déi betraffe Person kënnen erfaasst ginn. Dowéinst och d'Fro vum Dateschutz a vun der gesetzlecher Basis, déi ee sech muss ginn, fir dësen Traitement de données ze erméiglechen.

Dann natierlech d'Situatioun vun de Frontalieren. Eng delikat Fro. Wéi verhole mer ons hei am Kontext vu Lëtzebuerg, der Situatioun vu Lëtzebuerg an der EU? Wat ass ëmsetzbar? A wéi eng Obligatiounen verlagere mer op d'Aarbechtsplaz?

Eng weider juristesche Consideratioun ass, dass de Staat am Fall vun enger obligatorescher Vaccinatioun - an et ass extreem wichtig, dat ëmmer nees ze ënnersträichen - enger objektiver Responsabilitéit ausgesat ass, fir de Fall, wou d'Impfung gesondheetlech Konsequenzen op deen Eenzelnen hätt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt: Niewent der sanitärer Pertinenz muss eise politeschen Arbitrage och juristesche verrietbar an ëmsetzbar sinn. De juristesche Kader, dee mer wëlle schafen, muss kloer, einfach, transparent sinn. Wa mer op de Wee vun enger Impfflicht ginn, da brauche mer e Gesetz mat präzisen Definitiounen an enger Prozedur, déi eis Verwaltungen a Gerichter kënnen ëmsetzen a kontrolléieren.

Et gëtt vläicht bei der Debatt haut Punkten aus dem Froekatalog, bei deene mer feststellen, dass d'Effikasitéit vun enger Impfflicht riskéiert, duerch déi praktesch Onëmsetzbarkeet ofgebremst ze ginn.

Ech hoffen, dass déi vill Avisen, déi mer erakuten, an eis Debatt vun haut eis op déi Pist wäerte bréngen, déi et eis erlaabt, déi Léisungen ze fannen, déi eis derbäi hëllefe wäerten, als Gesellschaft erëm zesummenzewuessen. Duerfir ass et elo u jidderengem Eenzelne vun eis, fir seng Verantwortung bei dëser eminent sensibeler Fro ze iwwerhuelen.

Ech perséinlech sinn der Meenung, dass mer ons dëser Fro mussen stellen, well mer ons ons Fräiheet mussen zréckginn, quitte dass dat géif bedeuten, dass mer d'Fräiheit vun Eenzelnen temporär mussen aschränken.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Justizministesch Sam Tanson. An d'Wuert huet elo d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert. Madamm Lenert, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Merci, Här President. Als Éischt loosst mech ënnersträichen, dass ech dës Debatt haut begrëssen. Mir si bei engem Theema ukomm, no zwee Joer, dat e schwéierwiegend Theema ass, dat e breede gesellschaftlechen Debat freet an dat extreem villschichteg ass. Et ass e Sujet, op deen een net einfach ka mat Jo oder Nee esou aus der Héft eraus äntweren, well e vill Froen opwerft.

De Jo oder Nee hänkt vun der Verhältnisméissegkeet of. En hänkt dovun of, ob d'Solutiounen, déi ugeduecht ginn, am Detail och juristesche verrietbar sinn. En ass ganz villschichteg. Mir wäerten dat an der Debatt haut gesinn. An dofir géif ech elo schonn e grouse Merci soen un all déi Leit, déi sech hei geäussert hunn. Et sinn immens vill Avisen erakomm, vun deene mer Kenntnis konnten huelen, och an engem kuerzen Delai. Dat si Saachen, déi ee sécherlech iwwert déi nächst Deeg a Wochen ëmmer erëm wäert zur Hand huelen, mat ganz villen interessanten Usätz, fir déi Detailfroen, déi ze kläre bleiwen, unzegoen.

D'Fro vun enger Impfflicht werft vill Froen op: Ass se gerechtfertegt? Do si mer direkt am sanitäre Beräich. Mir brauchen eng Justifikatioun. Et geet jo drëms, dass dat heiten de Wee ass, där sanitärer Kris, an där mer sinn, en Enn ze setzen. Soss mécht et kee Sënn. Wie soll betraffen sinn? Wéi soll et am Detail ausgesinn?

De gesetzleche Wee, deen hei ugeduecht ass, verpflichtend mat Sanktiounen fir déi Betraffen, dat ass an engem demokrateschen, fortschrëttleche Rechtsstaat mengem Verständnis no sécherlech eng Ultima Ratio. Rechtswissenschaftlech gesinn ass et de leschte Wee, deen ee sicht, wann ee keen aneren Auswee méi huet.

Firwat? Dat ass, well de Prinzip vun der Pflicht an der Strof ee vun de schäerfste Steuerungsinstrumenter vum Staat ass. Mee anormal Zäite fuerderen anormal Weeër. Och wann dëst net am Zäitgeescht ass vun enger Gesondheitspolitik, an där ee versicht, op Konsens ze schaffen, an där ee versicht, de Patient méi anzebannen, an där mer dono striewen, den



emanzipéierte Bierger ze fërderen, musse mer feststellen, dass mer an enger Situatioun sinn, déi nach kee Precedent hat, déi eng Durée huet, déi kee sech hätt kënne virstellen, wéi et lassgaangen ass.

Och wann d'Experten dat esou gesot hunn, dass d'Pandemie jorelaang daueren, hätte mer allegueren insgeheim geduecht, dat wär fir eis net esou. Vill Hoffnunge sinn opkomm d'lescht Joer, ënner anerem eebe mat den Impfstoffen, déi komm sinn, dass een dat vill éischter kéint packen.

No zwee Joer Pandemie hu mer eng ganz Rei Erkenntnisser. Sécherlech, et kommen der quasi am Dagesakt. Mee nawell tappe mer nach ëmmer am Donkelen, wat eis als nächst wäert erwaarden. Nawell ass et schwéier soen, wéini mer d'Zil kënnen errechen a wéi de Wee dohinner geet.

Mir sinn, wéi d'Madamm Tanson et gesot huet, am experimentelle Recht ënnerwee, well mer mat ganz vill Inconnuë musse schaffen. An dat ass fir eis normal Leit net normal, mir sinn dat net gewinnt. Och wann et an der Wëssenschaft eng Selbstverständlechkeet ass, dass een op Ongewëssheet muss schaffen a spékuléieren, Hypothese maachen, sou di mer eis alleguerte schwéier domadder. An dat erkläert, firwat een an déi berüümte „fatigue pandémique“ erarutscht.

Mir tappen am Donkelen a mir hunn och keng reell Alternativen am Moment. Et gëtt villes évoquéiert, mee eng richtig wëssenschaftlech fondéiert Alternativ zur Impfung läit am Moment net um Dësch. Dat ass e Fakt!

Am Donkele si mer och bei grondsätzleche Froen, déi d'Leit nach ëmmer beschäftegen. Wéi een Impftaux muss et dann elo ginn, fir déi berüümten Herdenimmunitéit ze hunn? Do ass d'Wëssenschaft sech bis haut net eens an et evoluéiert. Et ass een zu engem gewëssenen Zäitpunkt dovun ausgaangen, dass dee bei 70, 75 % léich. Dat ass eppes, wat mer och ugestriift hunn de leschten Hierscht. Entre-temps si mer eppes Besserem beléiert ginn: E muss wuel méi héich sinn; 80 %, 90 % stinn am Raum.

An och esouguer dat ass nach net wierklech konsensfähig, well jo och nieft der genereller Impfung an dem Taux, deen ee global als Gesellschaft huet, d'Verlagerung spillt. Et gëtt Leit, déi méi à risque sinn. Et gëtt Leit, déi manner à risque sinn. An dofir ass och d'Gewichtung, wou eeben den Taux am héchsten ass, ganz wichteg.

Eng vun den Erklärungen d'ailleurs: Mir sinn hei zu Lëtzebuerg relativ gutt, wat d'Couverture vaccinale bei den eelere Leit ugeet, och wat de Booster ugeet. Et ass sécherlech eng vun den Erklärungen, firwat eis Situatioun sech differenziéiert, obwuel mer um globalen Impftaux net esou héich leien.

Am Donkele si mer och nach ëmmer bei Froen, déi d'Leit beschäftegen. Mir sinn hei an enger Situatioun, déi mer esou och nach net kann hu bei engem Impfstoff, deen eréischt provisoresch zougeloo ass. A mir hunn och Stand haut nach ëmmer kee genauen Datum, wéini mat enger definitiver Zouloossung ze rechnen ass. Dat alles wier sécherlech berouegend fir déi Leit, déi nach skeptesch si vis-à-vis vun der Impfung. Mee déi Datumen hu mer haut net.

Mir wëssen och net, wat un nächste Varianten usteet. Mir ginn do iwwerrascht. Et huet een elo d'Hoffnung, dass se vläicht méi duuss ginn, mee d'Experte soen eis, dat kéint genauou gutt an eng aner Richtung goen. Dat heescht, mir mussen ons op alles gefaasst maachen.

Mir wëssen och, dass eng Rei Medikamenter um Ausgeschafftgi sinn, dass der getest ginn. Mee esou ee richtige Stéchedatum, wéini ee ka mat Medikamenter

à grande échelle rechnen, déi wierklech de kurative Wee hei géife beschleunegen, och do hu mer kee genauen Datum, op deen ee sech kéint fousen, fir ze soen: „Ma voilà, dat doten ass eng Alternativ, dat dauert nach esou laang“, wou een dat kéint berechnen. All déi Donnéeën hu mer net. Dofir si mer op ganz ville Pläng hei wierklech nach am Däischteren.

Anerersäits, wat d'Erkenntnisser ugeet, hu mer ganz kloer Zuelen. An déi Zuelen, déi schwätzen eng ganz kloer Sprooch: D'Impfung wierkt! Dat war am Ufank ugehall. Haut ass et dokumentéiert an all Richtungen an och an alle Länner. Si wierkt vläicht net ëmmer esou, wéi een et sech ideal géif erwaarden. Elo mat där leschter Variant wësse mer, dass se d'Zirkulatioun vläicht net esou drosselt, wéi dat virdrun de Fall war. Mee ëmmerhin: Do wou et wierklech zielt, wou et drop ukéint - beim Verhënnere vu schwéiere Krankheitsverleef, déi zu enger Iwwerlaaschtung vun eisem Gesondheetssystem féieren -, ass se extreem effikass. Dat ass statistesch ënnermauert.

Et ass och kloer, dass d'Verhältnis vun deene Leit, déi net vaccinéiert sinn an déi e schwéiere Verlaf kréien, a kengem Zesummenhang steet mat deem Verhältnis, dat mer hu bei Leit, déi geimpft sinn. Déi Zuele si kloer haut. Jiddwereen, dee se wëllt héieren, deen oppen ass, fir se ze liesen, dee versteet se, well se si flagrant kloer.

Dann hu mer och ganz kloer Erkenntnisser, wa mer réckbléckend analyséieren, wat d'Risikogruppe betrëfft. An do ass den Alter ee vun de Kritären, dee ganz kloer ervirstécht. Dir hutt dat gesinn an deem Avis, deen och vun deem Experterot, dee mer zesummegeat hunn, erstallt ginn ass. Wann een d'Tabelle kuckt - déi fousen op eisen Daten aus der Santé -, da geet ab 50 Joer de Risiko fir e schwéiere Verlaf, de Risiko, fir op enger Intensivstatioun ze landen, de Risiko fir ze stierwen, vun engem Moment u ganz kloer an d'Luucht an dat steigert sech mam Alter.

Alter ass also net per se e Kritär fir ze differenziéieren, mee Alter ass e Kritär, deen un d'Vulnerabilitéit liiert ass. Mir gesi par rapport zu dësem Virus, dass ee mam Alter ganz besonnesch vulnerabel gëtt, sécherlech och, well do Komorbiditéiten derbäikommen, mee dat ass e statistesch Constat, deen net vun der Hand ze weisen ass.

Kloer ass och, dass statistesch gesinn d'Virdeeler vun der Impfung méi grouss si wéi d'Risiken. Dat ass dat, wat déi Behörden, déi do sinn, fir eis déi Donnéeën ze ginn, eis bestätegen. A mir mussen drop vertrauen, dass déi Donnéeën, déi mer do kréien, déi richtig sinn. Wa mer dat Vertrauen net hunn, da stelle mer eis eegen Institutiounen a Fro. An dat ass eppes, wat sécherlech net an e Staat gehéiert, dee sech a seng Institutiounen eescht hält.

Och fir déi Leit, déi net mat Freed den Impfstoff erwaart hunn, misst d'Asicht haut do sinn, dass et le moindré mal ass. Et geet net drëms, d'Niewewierkungen ze ignoréieren. Et gëtt Niewewierkungen. Déi si bekannt, se ginn erhuewen, mee statistesch gesi si se net esou héich wéi de Risiko, dee fir den Einzelnen a fir d'Gesellschaft mat der Erkrankung um Virus verbonnen ass.

Ech si mer bewosst, dass et fir déi betraffe Leit - an där gëtt et vill, well jo ganz vill geimpft gëtt - erniddregend ass an net verständlech, wann een als statistesch net relevant ofgestempelt gëtt. Ech géif och gären eng Kéier betounen, dass déi Leit, déi un deenen Niewewierkunge gelidden hunn a leiden, vläicht net oft genuch erwänt ginn an eisen Discoursen, well mer ëmmer vun där Balance schwätzen. Mir schwätze vun der Effikassitéit vun der Impfung a mir vergiessen, dass et awer Leit gëtt, déi déijéineg sinn. An

deejéinegen, deen deen ee vun 1.000 oder ee vun 2.000 ass, deem ass dat normalerweis kee groussen Trouscht ze héieren, dass en eeben eng statistesch Ausnam ass.

Dofir och hei eng Kéier e Gedanken un dës Leit. Si hunn et net einfach. Si sinn déi, déi statistesch eeben dozou gehéieren, an d'selwecht ass et och fir déi Leit eeben, déi u Covid erkranken, déi sech net kënne schützen. Och si ginn oft vergiess an der Debatt. Ech sinn nach haut de Moien drop opmierksam gemaach ginn, wéi wéi et deet, wann ee muss liesen, wat en Openthalt am Spidol kascht zum Beispill, wann een zu deem Zäitpunkt, wou ee wuel net geimpft war, iwwerhaupt kee Choix hat. Dat deet de Leit wéi. Dat ass net de Sënn vun eiser Debatt hei. Mir hunn hei eng politesch Debatt an et ass eis Pflicht, op neutrale statisteschen Donnéeën ze schaffen.

Mir mussen hei de Bléck op dat Allgemengt huelen. Dat heescht awer net, dass mer déi individuell Liewen hannerdrun aus dem A géife verléieren. Déi sinn eis ganz bewosst. Ech mengen, déi sinn eis allegueren heibanne bewosst. A wa mer op den Terrain ginn, da si mer och ëmmer ganz direkt domadder konfrontéiert.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Mir wëssen op deene Grondlagen, déi mer elo hunn, dass ee Verschiddenes net méi kann aus de Féiss huelen. A mir sinn zur Iwwerzeegung komm, dass et eis Pflicht ass, no zwee Joer, an deene mer keen Auswee fonnt hunn an och haut op alle Fall keen aneren Auswee a Siicht ass, dass ee muss un déi lescht Schrauwen dréine goen an och déi an d'Spill bréngen.

De Präis vun dëser ganzer Pandemie ass héich. Et muss ee sech dat virstelle wéi e Gewicht op enger Woschossel. En ass sécherlech vläicht net esou schwéier wéi an anere Länner, wann ech un Italien denken oder aner Länner, an deenen och elo déi heiten Diskussioun geféiert ginn, an deenen d'Sur-mortalitéit extreem héich war am Verglach zu hei, an deenen deels ganz drastesch Mesuren hu misse geholl ginn, déi ganz aschränkend ware fir d'Fräiheet op längeren Zäitram - méi wéi hei - an an deenen och sécherlech déi wirtschaftlech Hëlfele, déi gefloss sinn, absolut net am Verglach stinn zu deem, wat hei zu Lëtzebuerg konnt gebuede ginn.

An trotzdeem hu mer en héije Präis. An trotzdeem musse mer ons d'Fro stellen, vu datt mer keng aner Alternativ hunn, déi zu engem schnelle Schluss féiert, ob een hei net muss un déi lescht Schrauf eeben dréine goen an do usetzen, wou mer statistesch haut kënne d'Gewëssheet hunn, dass mer Effizienz kënne gesinn. Mir hu kloer Risikogruppen, an dës Risikogruppe soll ee cibléieren.

Mir sinn also ukomm op engem Punkt, op deem mangels aneren iwwerzeegenden Alternativen d'Impfflicht an d'Spill kéint, dëst en vue virun allem vun de Risiken, déi mer fir den Hierscht gesinn. Keen Expert kann eis d'Garantie ginn, dass et eriwuer ass. Et ass eng Hoffnung, déi mer allegueren hunn. Et ass eng Hoffnung, déi ech och nach hunn. Et gëtt een oft iwwerrascht - och heiansdo zum Gudden -, mee mir kënne eis et net erlaben, dësem Hierscht entgéintzegoen, ouni op déi Warnungen anzegoen, déi mer kréien, dass ee sech muss drop astellen, dass de Virus nach weider mutéiert, dass eventuell och nach méi schro Varianten kommen an dass mer hei eeben nach net esou schnell wäerten eraus sinn.

Et ass saisonbedéngt an dofir mengen ech, dass et och e ganz gudden Zäitpunkt elo ass, sech déi Gedanken ze maachen, wéi eng Impfflicht hei zu Lëtzebuerg kéint am Detail ausgesinn. Do si vill Froen, déi sech stellen, an do brauche mer e Minimum un Zäit, wa



mer dat vernünfteg wëlle maachen. A mir brauche virun allem och en Debat, well et en Thema ass, bei deem e grouse Konsens sécherlech dem Land gutt deet. Mir sinn an enger Kris, wéi mer se nach ni haken, an do gëllt et, beschtméiglech ze œuvreren, fir hei e grouse Konsens ze kréien.

D'Ambitioun muss natierlech och bleiwe bei esou engem Thema, net iwwert d'Zil erauszeschéissen. D'Sam Tanson huet dat ganz gutt veranschaulicht, a wéi engem Beräich mer eis hei juristesche beweegen. Dofir gesi mer et als eis Pflicht un, d'Zil genee ze nennen, net iwwert d'Zil erauszeschéissen, do unzesetzen, wou mer kënnen beleen, dass mer eng grouss Effizienz kënnen gesinn, an net einfach prophylaktesch alles ofzedeecken, zum Beispill wann dat statistesch net onbedéngt esou ervirgeet.

Eist Zil ass a war et vun Ufank un, opgrond vun deenen Indicateuren, déi mer ginn hunn, d'Spideeler ze entlaaschten. Et geet dréms, eise System net méi wäit ze belaaichte wéi en et packt. Wat heescht dat? Net méi wäit ze belaaichte wéi zu deem Punkt, op deem Behandlung mussen ofgesot ginn, op deem, wéi an anere Länner, op eemol mussen Triagë gemaach ginn, op deem muss decidéiert ginn, wien iwwerhaapt eng Behandlung ka kréien, wie keng ka kréien, op deem op eng Kéier eng Ermiddung do ass. An dat ass e grouse Problem iwwert déi laang Dauer, déi mer elo hei hunn. D'Iwwermiddung am Secteur ass enorm. Do riskéiert et, zu Personalausfäll ze kommen.

An alles dat dréit derzou bäi, dass mer eiser Pflicht, fir d'Gesondheet fir jiddwereen ze assureieren, op eemol net méi kënnen nokommen. Do stousse Grondprinzipien vun extreemster, ieweschter Wichtigkeet openeen. An do gëllt et ze handelen.

Mir hunn e Stufeplang an eise Spideeler, deen eis eng Indication gëtt, wat tragbar ass a wat net. Do sinn d'Institutionen opgestallt fir entgéintzewierken, sou dass mer eng relativ kloer Virstellung hunn, wou mer eis musse beweegen, fir kënnen eebe gutt ze fonctionéieren, normal ze fonctionéieren an net an d'Iwwerlaaschtung eranzerutschen.

No de jëtzen Erfarungen, déi mer hunn- an do si mer ganz convergent mat deem Avis, deen och vun den Experte komm ass -, ass et ganz kloer, dass d'Risikogrupp statistesch erkennbar ass. Déi grouss Risikogrupp ass erkennbar. A mir sinn och der Meinung, dass et zu deem Zäitpunkt deemno och wierklech moralesch an eethesch vertriebar ass, fir vum Volontairen ewechkommen an iwwer eng verpflichtend Impfung nozedenken. Wann ee weess, wou ee muss eropkomme mam Taux, da liicht dat engem an.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn eis allegueren och bewusst, dass eng Impfpflicht, wéi och ëmmer se gestallt ass, keen Impfwang ass. Et dierf ee sech net der Illusion higin, dass mat esou engem Gesetz, wann et da kënnt, wéi mam Zauberstaf all déi Concernéiert geimpft wäire vun haut op muer. Nach muss d'Person awëlegen. Hei geet et ëm en zousätzlecht Drockmëttel. Mir hunn déi ganz Kris hei gesteiert mat Mesuren, déi mer probéiert hunn, ponderéiert ze halen, déi mer Schrëtt fir Schrëtt agefuert hunn, bei deene mer net direkt de groussen Hummer geholl hunn. Mee hei ass et net anescht.

Mir hunn am Moment Mesurë lafen, déi schonn extreem aschneidend sinn: 2G am Fräizäitberäich, den 3G op der Aarbecht, deen elo uleef. Alles dat soll derzou bäidrogen, deen Impftaux eropzekeréien. A wann een an eng Verpflichtung geet, déi mat Sanktiounen bestückt ass, dann ass dat e weidert Drockmëttel, fir dat ze erreechen.

Et ass e staarken Ureiz, vun deem ee sech eppes erwaart. Mir wäerten natierlech och evaluéieren, wéi dat eis Gewunnecht ass, wat déi lescht Mesurë wäerte bréngen. Mir hunn en Effet gesi gehat bei der Annonce. Elo bleift ofzewarden, wéi et sech um Terrain weist, wa bis déi Mesuren op der Aarbechtsplaz en place sinn, wat se elo sinn. Iwwer e gewëssenen Zäitraum ass och nach eng Kéier ofzeweien, wéi wäit dat eis weiderbréngt. Mee alles dat sinn eis normal Oflee, déi eis bekannt sinn iwwert déi lescht zwee Joren.

Et ass eis Verpflichtung, lafend opgrond vun eisen Indicateuren ze evaluéieren, wéi d'Situatioun ass, och de Risiko anzuschätzen an dat transparent duerzeleeën. Wat bedeit dat? Déi net geimpfte Leit fir eis Spideeler, dat kënnen mer berechnen. Mir hunn ëmmer erëm eng aktualiséiert Vue op den Taux d'incidence, dee variéiert an der Zäit.

An och do wäerte mer weiderhi beméit bleiwen, fir dës Informatiounen zougänglech ze maachen, dat Ganz natierlech wëssend, dass Iwwerraschunge kënnen méiglech sinn. Mir kënnen ëmmer nëmmen op deenen Donnéeën rasonéieren, déi mer elo kennen, déi mer réckbléckend kennen. Surprises, déi an Zukunft kommen, kënnen mer net virausgesinn. Mir wëssen net, wéi een Typ vu Variant eis vläicht nach eng Kéier kal erwëscht. Dat weess keen, dat ass och net spezifesch fir Lëtzebuerg. Do sëtze mer allegueren an nammlechte Boot.

A mir wëssen och net, ob mer net vläicht eng gutt Iwwerraschung kréie vusäit vun der Wëssenschaft, dass op eemol e Medikament do ass, wou aner Alternativen op den Dësch kommen. An et ass natierlech eis Pflicht, alles am An ze halen a selbstverständlech och déi Saachen esou schnell wéi méiglech op den Dësch ze bréngen, falls eppes sech deet an déi eng an an déi aner Richtung, esou, wéi mer dat bis elo gemaach hunn.

D'Impfpflicht ass a bleift eng Ultima Ratio. Si fuerdert de Legislatuer, fir e gudden Argumentaire ze bréngen. Do si mir natierlech mat gefuerdert, fir déi Donnéeën ze ginn, déi mer hunn, fir ze iwwerzeegen mat deem, wat mer statistesch kënnen beleen. Mir beweegen eis am Beräich vun der Preventioun. Dat mécht et nach méi kriddleg um Niveau vun Argumentaire, well mer de Risiko, deem mer entgéintwierken, net wierklech kënnen faassen. Mir kennen en net. Mir kënnen just spékuléieren an eis preparéieren, dat heescht, e reng preventive Beräich. An et ass eeben un eis, eist Wëssen afléissen ze loosse, esou gutt an esou zäitno, wéi mer dat kënnen.

Mir wäerte vun eiser Säit aus och weiderfuere mat de Sensibilisatiounscampagnen. Et ass net, wéi wann elo hei géif den Hiwiel ëmgeluecht ginn. Dat ass eis Präferenz. Mir wäerte sécherlech probéieren, do, wou nach net geimpft ginn ass, esou geziilt wéi méiglech anzewierken. Dat hu mer bis elo gemaach. Dat evaluéiere mer och kontinuierlech. Wou sinn doudeg Wënkelen? Mir probéieren ze verstoen, firwat d'Leit sech net wëllen impfe loosse. An eis Ambitioun ass a bleift et, dese Suergen entgéintzewierken. Do hu mer eng Rei Iddien, wéi mer dat nach kënnen stäerken, grad eeben en vue vun deene Risikogruppen, déi kloer identifizéiert sinn.

Eis Ambitioun ass et, dass aus der Pflicht, le moment venu, en iwwerzeegte Solidaritéitsgest wäert ginn, wou d'Leit dach konnten iwwerzeegt ginn, wou mer se dach konnten erreechen, dass se soumat e Gest net nëmme fir hir eege Gesondheet maachen. Well wa mer dovunner schwätzen, dass ee sech soll impfe loosse, ass och deen eegenen Interessi matgefuert: De Risiko, krank ze ginn, gëtt méi kleng

daduerjer. Mee et ass virun allem e Geste de solidarité fir eis Gesellschaft, e Gest, deen ee mécht, fir eis ze hëllefen, an eis Normalitéit eriwierzekommen, an dat esou schnell wéi méiglech!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci, Här President. D'Aféierung oder d'Netaféierung vun enger Impfpflicht ass eng vun deene kontroverstesten a wichtegsten Diskussiounen, déi mer an deene leschte Joren zesummen hei an der Chamber gefuert hunn. Et ass e Sujet, dee jiddweree vun eis, an ech mengen, och déi meescht Leit dobaussen, beweegt. Et geet ëm villes. Et geet ëm eis Gesondheet an et geet - ech fäerten och net, déi Wieder ze gebrauchen - ëm Liewen an ëm Doud, wat mer hei schwätzen! Et geet ëm d'Fonctionéiere vun eise Gesondheetssystem, mee et geet awer och ëm deontologesch an ëm moralesch Froen. Et geet ëm Grondrecht, déi opeenprallen, eng Situatioun, déi mer net oft hunn.

Et geet ëm individuell Fräiheet an et geet och ëm kollektiv Responsabilitéiten. Et geet ëm eis Gesellschaft, wa mer se als Solidargesellschaft wëlle verstoen. Et geet ëm eng ganz Rei juristesche Prinzipien. Et geet ëm dat soziaalt an ekonomesch Zesummenfonctionéieren a Weiderfonctionéiere vun eiser Gesellschaft.

An ech soen och, datt et genau an deene Momenter ass, wou mir, wou d'Politik am grouse Ganze gefuert ass, a wou ee gefuert ass als Politiker, bei sech selwer a senger Partei Responsabilitéit ze huelen, wou ee gefuert ass, ze decidéieren a schwierreg Decisiounen ze huelen.

Dofir, soen ech - an dat ass eng liicht Kritik, oder et ass eng Kritik! -, hätte mer et normal fonnt, wann d'Regierung eng Proposition op den Dësch geluecht hätt, iwwert déi mer haut kéinten decidéieren. Mir haken dat de 24. Dezember gefrot. Et ass elo en anere Wee ausgewielt ginn: Dat ass de Wee, fir fir d'éischt eng Diskussioun hei am Parlament ze féieren.

Dofir muss ech awer soen, Här Staatsminister, war ech elo virdrun e wéineg erstaunt, wéi Dir gesot hutt, datt déi Proposition, déi d'Experte gemaach haken, alternativlos wär an elo misst ëmgemat ginn. Da froen ech mech awer heiansdo, firwat mer dann d'Debatt heibanne féieren! Well eng Rei vun deene Froen, déi Dir eis gestallt hutt, fir datt mer déi haut solle beäntwerten, sinn déi Froen, déi d'Experte scho beäntwert hunn.

Wann dat elo alternativlos ass, dann ass och eis Diskussioun heibannen onsënneg! Well et geet mir net just hei drëm, fir iwwert déi kleng Detailler vun der Ëmsetzung ze schwätzen! Et geet mer och drëm, fir iwwert déi grouss Prinzipien ze schwätzen vun deem, wat mer maachen. Ech wëll dat och maachen. Well wann ech d'Avise vun deenen anere Gruppe liesen, déi Der och esou gentil waart, eis zur Verfügung ze stellen, an dat sinn der eng ganz Rei - dat ass de Collège médical, d'AMMD, d'Confédération vun den Organismes de prestataires d'aides et de soins, d'COPAS, d'Universitéit, de Parquet, den Tribunal d'arrondissement vun Dikrech, d'Commission nationale pour la protection des données, d'UEL, den OKaJu, d'CNE, d'Commission nationale d'éthique -, sinn do och eng ganz Rei Meinungen dran, déi net



ëmmer korrespondéiere mat deem, wat d'Experte gesot hunn, déi awer ganz interessant sinn, déi och medezinnesch sanitär Aspekter hunn, mee awer och juristeschen, deontologeschen an eetheschen Aspekter mat erabrénge, wou et awer wichteg wier, déi emol hei ze diskutéieren. Dofir erlaabt mir, awer méi grouss ze diskutéieren wéi just iwwert déi Alternativlosegkeet, déi mer dann hei hätten.

Dir hutt all d'Parteien ëm hir Meenung gefrot. Vun eis kritt Der elo eng kloer Meenung. An ech sinn och dankbar fir deen net poleemeschen Toun, dee mer bis elo haten an ech wëll deen och bäibehalen, well ech mengen, datt et fir déi Diskussioun wichteg ass, datt mer sober doriwwer diskutéieren.

Mir hu viru bal engem Mount gesot, datt mer eis fir eng allgemeng Impfflicht fir Erwuessener géifen auschwätzen. Dat ass och nach ëmmer eis Meenung. Mir hunn dat séngerzäit gesot, well et fir eis kloer war, datt mer net kéinten esou weiderfuere, wéi mer an deene leschte Méint gefuer sinn. Mir kënnen net weiderfuere, all puer Méint eis Gesellschaft erëm nei anzegrenzen, erëm anzespären. Mir kënnen net d'Restaurants zoumaachen, Kultur a Sport aschränken, Schüler a Schoulen a schwierige Konditiounen schaffen loosse, Geschäfte a Commerce limitéieren. Mir wëlle keen neie Lockdown a mir wëllen och net all dräi bis sechs Méint erëm zolidd aschneidend Moosname mussen huelen.

Mir hunn, an eisen Aen, gesinn, datt déi sëllege Preventivmoosnamen, déi mer hei zesummen decidéiert hunn - enfin, déi eng zesummen, déi aner hu mer net matgestëmmt, mee mir waren awer ganz oft mat de Prinzippien d'accord -, mir hu gemierkt, datt déi Moosnamen zwar effikass an deem Moment oder an deene Woche waren, wou se geholl gi sinn, mee soubal mer se opgelockert hunn, hu se erëm dem Virus fräi Faart ginn a mir kruten d'Situatioun net an de Grëff. Dat hu mer kloer an deene leschte Méint gesinn!

Dofir si mir zur Konkusioun komm - net well mer spieren, datt mer elo esou lues alleguer, a mir hunn et e puermol schonn hei ausgedréckt, d'Flemm kréien, dat ass eppes, wat iwwerflächlech ass a wat mer nach kënnen an de Grëff kréien -, datt mer a sech gesinn, datt eis Gesellschaft lues a lues amgang ass, irreversibel Konsequenzen ze erliden a mer dogéint mussen ugoen! Dat ass eis wierklech Iwwerzeugung. Dat si Konsequenze psychologescher Natur.

Ech brauch Iech et net ze beschreiwen, well Dir hutt et bal nach méi materlief wéi ech, welch Aggressivitéit an eiser Gesellschaft an deene leschte Méint opkomm ass, Aggressivitéit, déi sech op verschidden Aart a Weisen ausdréckt, och an där Aart a Weis, wéi verschidde Leit schwätzen an handeln. Dat soziaalt Aneneegräifen, dat gemeinsaamt Fonctionéieren als Gesellschaft, dat, wat eise gesellschaftlechen Zesummenhalt mécht, ass an deene leschte Méint, ech muss dat soen, einfach porös ginn a verléiert un där Soliditéit, déi mer awer brauchen, fir als Gesellschaft iwwer Méint weiderzekommen.

An dat huet an eisen Aen och individuell Konsequenzen op vill vun eise Matbirger. An ech wëll elo haaptsächlech déi jonk Generatiounen ervirsträchen, där hiren normale Schoulverlaf reegelméisseg perturbéiert gëtt, och wann d'Enseignanté ganz vill Efforte maachen, fir a schwierige Situatiounen eng gewëssen Normalitéit nach ze garantéieren. Mee mir wëssen awer, datt villen vun där schoulescher, mee awer och där sozialer Entwécklung bei de Kanner an deene leschte Jore verluer gaangen ass. An dat ass e Riseproblem fir d'Zukunft.

Mir wëssen och, datt hir sozial Kontakter an d'Fräiheet massiv ageschränkt ginn an domat hiert soziaalt Verhalen net deen normale Fräiraum kann hunn, net méi normal ka gelieft ginn.

Ech erënnere mech hei un den Här Baum virun e puer Wochen, deen am Fong e perséinleche Message hei eriwuerbruecht huet, deen ech gutt verstanen hunn, wou e gesot huet: „Et ass schwierig fir déi jonk Leit, wa se mussen op e Bal verzichten.“

Elo kann ee soen: „Wat ass dat da fir eng Klengegkeet, da solle se sech packen!“ Mee esou ass et awer net! Et geet en fin de compte vill méi wäit, a mir verstinn d'Enttäuschung an de Frustratioun vun deene Jugendlechen, well schlussendlech verzichte se net nëmmen op e Besoin vun engem prezisen Evenement, mee während Méint op e soziaalt Liewen, wat an deem Alter awer extreem, extreem wichteg ass: Bekanntschaften maachen, Frëndschafte schléissen, liewen a sech normal beweegen am soziaalen Ëmfeld.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | An dat ass e psychologeschen, e mentale Problem fir eng ganz Generatioun. Dir braucht am Fong och nëmmen den Avis vum OKaju ze liesen, deen déi Problematik ganz, ganz gutt beschreift.

Ech hunn elo vun de Jugendleche geschwat, ech kéint grad esou gutt an deen anereren Extreem goen a soen: Eng ganz Rei eeler Leit hunn, duerch déi Contrainten, déi all noutwendeg sinn, awer Schwierigkeeten, am Isolement hiert normaalt soziaalt Liewen ze fannen. Dat ass wierklech - wuertwärtlech - komplizéiert a schwéier. Jiddweree vun eis huet sécherlech e puer Beispiller a senger Famill, an dat dréckt schlussendlech op déi mental Gesondheet vun eiser ganzer Gesellschaft.

Konsequenzen dann awer och fir d'Ekonomie, an ech genéiere mech och net, doriwwer ze schwätzen. Ech weess, an ech soen dat och hei, datt d'Regierung vill gemaach huet, fir Betriber, déi a Schwierigkeeten sinn, ze hëllefen. Dat bestreide mer net, dat begrësse mer.

Mee et huet awer verschidde Secteure ganz haart getraff: d'Restauratioun, den Horeca, den Tourismus, de Commerce, eng ganz Rei administrativ Secteuren, wou de Rendement ganz staark erofgaangen ass. A mir wëssen och, datt d'Aarbecht an deenen nächste Jore wäert eng aner Aarbecht ginn, wéi dat déi Jore virdru war. A mir sinn hei och am Ekonomeschen der Noutwendegkeet ausgesat, fir erëm eng Normalitéit hierzeestellen. Och dat ass an eisen Aen eng absolut Evidenz. Mir mussen eiser Gesellschaft erëm hir ganz Fräiheet erëmginn. Mir mussen esou schnell wéi méiglech kënnen normal liewen, normal matenee Kontakt hunn.

An dat war och d'Zilsetzung, eis haaptsächlech Zilsetzung, eist éischt Objektiv, dat mer d'ailleurs och bei dem Expertebericht erëm fannen, wa si soen « en finir avec la pandémie », an ech zitëiere se: « La pandémie en tant que menace majeure pour la santé publique prend fin au Luxembourg lorsque le risque de surcharge du système de santé est maîtrisé. » A wa mer dat fäerdegruecht hunn, soe se, ass de Covid „une infection respiratoire normale“, wou mer normal kënnen domadder ëmgoen, esou wéi mat jiddwer Krankheet.

An dat ass am Fong d'Objektiv vun deene Propositionen, déi d'Politik soll maachen, zumindest dat Objektiv, dat mir haten, wéi mir eis Proposition vun enger allgemenger Impfflicht gemaach hunn.

Ech soen et also kloer: Et geet eis hei net nécessairement ëm den individuelle Schutz, deen eis net

primaire ass, well do si mer der Meenung, datt dat der Responsabilitéit an der fräier Decisioun vu jiddwerengem Eenzelnen ënnerläit. Jiddwer Eenzelnen decidéiert, welleche Risiko e fir sech hält oder net hält, a jiddweree muss dann och schlussendlech mat de Konsequenze vu senger eegener Decisioun liewen!

Wann et nëmmen dat wär, da wär et jo einfach. Mee hei geet et awer ëm vill méi. Hei geet et drëm sécherstellen, datt d'Pandemie et esou schwéier wéi méiglech gemaach kritt fir weiderzegoen! An dat geet nëmmen, wa mer eis net als Individuum kucken, mee wa mer eis als Solidargemeinschaft gesinn an och gemeinsam beweegen, wa jiddwereen - jiddwereen! - säin Deel bäidréit a sech impfe léisst.

Dat zweet Objektiv, dat ass, datt de Gesondheetssystem net iwwerlaascht gëtt, andeem mer duerch d'Impfung vermeiden, schwéier krank ze ginn. Mee do brauch ech net drop anzegoen, dat huet d'Gesondheitsministesch kloer an däitlech hei beschriwwen. Dat sinn eis Objektiv. Datt d'Impfung derzou bäidréit, dësen Objektiv gerecht ze ginn, ass wëssenschaftlech absolutt bewisen. An de Moyen, eng obligatoresch Impfflicht, ass an eisen Aen, wann ee se dann aféiert, och proportionéiert zu deenen Ziler, déi mer gesat hunn! An dat entsprécht jo och genau deem Urteel vom 8. Abrëll 2021, dat vun der Cour vu Stroossbuerg ausgeschat gouf, datt eng Impfflicht, wa se da proportionéiert ass a wa se wëssenschaftlech ënnermauert ass, als acceptabel ugesäit.

Eis Objektiv, esou, wéi ech se elo beschriwwen hunn, mengen ech, si kloer proportionéiert zu deem, wat eis Gesellschaft an dësem Moment dréngend brauch.

Et sinn och nach aner Experten zu de selwechte Konkusiounen komm. Et war e ganz interessanten Artikel vum Alex Bodry, eise frëiere Kolleeg an elo Member vum Conseil d'État, den 11. Januar am „Tageblatt“. An deen huet d'Urteel vu Stroossbuerg analyséiert an och op Lëtzebuerg adaptéiert. An hie seet - ech zitëieren och hien, well säi Saz kloer an däitlech ass -: „Wann eis Cour constitutionnelle géif confrontéiert ginn dermat, d'Conformitéit vun enger Impfflicht zur Verfassung ze kontrolléieren, da géif se héchstwahrscheinlech zu deene selwechte Konkusiounen komme wéi d'Jugen zu Stroossbuerg.“

Ech mengen, dat ass schonn eng weesentlech - eng weesentlech! - Ausso. An hei geet et ëm eng allgemeng Impfflicht, iwwert déi den Här Bodry hei schreift.

Et bleift awer d'Fro op, an déi gëtt och vum Här Bodry gestallt, vun de juristesche Problemer, déi een ageet, wann eng selektiv a keng allgemeng Impfflicht gemaach gëtt. An ech liesen hei, wat den Alex, wann ech en där esou nennen, schreift: « Dès qu'on s'aventure sur le terrain de vaccinations obligatoires par catégories d'âge ou de catégories de personnes vulnérables, on risque de se heurter à des problèmes de définitions selon des critères objectifs et non contestables, le principe de non-discrimination et celui de l'égalité devant la loi étant à respecter. »

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Schon e grouss Problem, dee mer och juristeschen mussen ugoen. Ech hunn elo gären den Här Bodry zitéiert, ech hätt och anereren kënnen zitëieren, mee ...

*(Interruption)*

... nee, enfin, Dir wësst scho firwat, well ech net wollt elo ee vun eisen Experten zitëieren, mee soen, datt och Leit vun anere Borden déi Analys gemaach hunn.

Et ass och ganz erstaunlech, et sinn eng Rei franséisch a belsch Proffen, déi iwwert de Pass sanitaire



diskutiert hunn an déi am Fong soen, dass déi obli-gatoresch Vaccinatioun, esou wéi se scho virgeschloe ginn ass, paradoxerweis manner attentatoire ass fir d'Liberté de circulation an d'Droits fondamentaux wéi d'Aféierung vun engem Pass sanitaire. An déi Justifi-katioun, déi se do bréngen, fir dat ze explizéieren, ass am Fong ganz interessant. Si soen: « En logeant tout le monde » - tout le monde! - « à la même enseigne, une telle obligation supprimerait les discriminations et les incertitudes. »

Fir mech sinn déi Aussoe kloer an och richteg. Dat selwecht gëtt d'ailleurs vum Professor Stefan Braum vun der Uni Lëtzebuerg, deem en immens interes-sante juristeschen Avis hei bruecht huet, widerholl. An hien huet ganz kloer Stellung geholl fir ze soen, dass et och am Lëtzeburger Rechtssystem méiglech wier, wann eng Rei Konditiounen géifen agehale ginn, wann d'Prozeduren an d'Virussetzung gi wäeren a per Gesetz definéiert wäeren, fir esou eng Pflicht ze maachen.

Et geet am Fong drëm ze determinéieren, ënner welleche Konditiounen a Virussetzungen déi indivi-duell Fräiheet an d'Selbstbestimmung iwwer säin eegene Kierper, wat Grondrecht sinn - an däers si mer eis bewusst -, kënnen ageschränkt ginn. An d'Virussetzung, dat ass déi, dass d'allgemeng Bedroungslag vun eiser Gesellschaft an d'sanitär Situa-tioun vun der Allgemengheet dat absolut noutwendeg maachen, an dat hunn ech jo virdru beschriwwen, firwat se et an eisen Aen noutwendeg maachen. Eng Aschränkung vun der individueller Fräiheet fir Fräiheete vun der Allgemengheet, déi op all Zort vu constitutioneller Fräiheet kollektiv muss verzichten - also d'Allgemengheet muss kollektiv op eng ganz Rei Fräiheete verzichten -, ass da justifizéiert, wann déi sanitär Situationsoun ouni Impfflicht net ze verbesseren ass, wat e logesch juristescht Rasonement ass.

Da féiert - ech resuméieren et nach eng Kéier - eng allgemeng gesetzlech Impfflicht zu enger insgesamt positiver Fräiheitsbilanz, souwuel individuell wéi kollektiv, an ass domadder an eisen Aen och justifiabel.

An ech soen dat, well et jo awer wichteg ass - an do adresséieren ech mech un d'Justizministersch -, dass, wa mer e Gesetz iwwer eng Impfflicht maachen, mer och ganz gutt oppasse mussen, dass et natierlech sanitär logesch ass, mee dass et awer och gesetzlech d'Strooss hält. Well ech mengen, dat hei ass e Sujet, dat wësse mir alleguer, dee jo warscheinlech wäert contestéiert ginn. Do wäerte jo méiglecherweis eng ganz Rei Prozeduren dergéint stattfannen. An ech géif et als äusserst dramatesch empfinden, wa mer en Text géife maachen, deem duerno vun eise juristeschen Instanze géif ëmgebootscht ginn, well dann hätte mer weeder sanitär nach juristescht nach, wat d'Autoritéit vun der Politik ugeet, vill geschafft. An ech mengen, dat ass och e wichtegt Argument gewiescht an eiser Reflexioun, fir Rechtssécherheet ze schafen.

D'ailleurs hält den nationalen Eethikrot och eng ganz kloer Stellung, notament a sengem Avis vum 8. Dezember, mee bal nach méi kloer a sengem Avis, deem e gëschter oder virgëschter erausginn huet, an e seet kloer, dass d'Obligation vaccinale active an directe fir d'Personnes majeures, dat heescht iwwer 18 Joer, wa se eethesch argumentéiert ass, demokratesch decidéiert, dat heescht, heibannen decidéiert, legal encadréiert, absolut a parfaitement justifiabel ass. A fir mech ass dat och eng weesentlech Ausso vun engem eethesche Standpunkt.

D'Commission nationale d'éthique justifiéiert déi Haltung och mat enger ganzer Rei vun Argumenta-tiounen an enger aussergewéinlecher Däitlechkeet,

muss ech trotzdem soen, déi ech nach net oft esou bei der Commission nationale d'éthique gesinn hunn. Se seet a stellt ganz kloer fest, dass den Individuum net ëmmer fräi ass, sech a Gefor ze setzen, hauptsächlech, wann de Gebrauch vun dëser Fräiheet Kon-sequenzen op d'Fräiheet vun aneren huet. De Solidaritéitsprinzip, op deem eis Gesellschaft berout, besteet net just doran, vum Wohlfahrtsstaat ze profi-téieren, mee bréngt och noutgedrongenerweis Flichte mat sech. Solidaritéit kann net als Sens unique geduecht a gelieft ginn. Fir mech sinn dat esou Basissätz vun eise Zesummeliwien, déi esou gutt an dës Diskussioun hei passen.

Et gëtt och elo gesot, dass den Omikron net esou pro-blematesch an net esou virulent kéint sinn an dass een et kéint op eng Duerchseuchung ukomme loos-sen. Ech liesen dat heiansdo an Zeitungen, an ech hunn do déi besch Explicatiounen bei dem neien däitsche Gesondheitsminister fonnt, dem Karl Lauterbach, wat d'ailleurs e Sozialist ass mat enger relativ grousser Fräiheet fir sech auszudrécken. Och zu deem hei Sujet seet hien de 14. Januar, mee och gëschter an engem RTL-Interview, deem ech duerch Zoufall gekuckt hunn, dass bei enger Duerchseu-chung, wann een et dorop ukomme léisst, d'Zuel vun den Affer absolut ongewëss ass an hauptsächlech, dass dat net d'Garantie ass, dass een duerno e sanitäre Schutz virun aneren, weidere Varianten huet, dass den Omikron dee Schutz also warscheinlech net gëtt an dass een domat sécherlech sech selwer an d'ganz Gesellschaft net schützt virun enger nächster Well mat anere Varianten. Hie seet ganz kloer: „Omikron ersetzt die Impfung nicht!“ An e schwätzt sech an aller Däitlechkeet fir eng Impfflicht ab 18 Joer aus. Och en Expert, deem dofir schwätzt. Eng allgemeng Impfflicht ass also an eisen Ae justifizéiert, legitim a proportionell.

D'Regierung huet eis, niewent dem Expertepabeier, e Pabeier ginn. Ech fannen dee Pabeier relativ defensiv, wann ech mech därer esou ausdrécken, éischter beschreiwend an d'Problemer opzielend, wéi Alternativen a Pro a Kontra biddend. Mee e stellt awer eng ganz Rei Froen.

An ech wollt och op déi eenzel Froen agoen an Iech op déi eenzel Froen Äntwerte ginn, oder zumindest eis Äntwerte ginn, wéi mir dat gesinn.

Déi éischt Fro, déi Der stellt, dat ass déi iwwert d'Zäitschinn: Fir wéini déi Obligation vaccinale? Eis Äntwert ass eng ganz einfach: Esou schnell wéi méiglech! A se muss am September net nëmme gestëmmt, mee och schonn emgesat sinn, dat heescht, esou schnell wéi méiglech gestëmmt ginn an dann an e puer Méint - dräi, véier Méint Zäit - och an d'Realitéit emgesat ginn, bis Juli wa méiglech, fir dass se eis hauptsächlech, an dorëms geet et eis jo, well mir wëssen, dass se jo net vill Effektivitéit beim Omikron huet, géint déi nächst Well ofséchert.

Dat heescht, op Lëtzebuergesch gesot, fir dass ech elo net falsch verstane ginn: Den Text esou schnell wéi méiglech stëmmen! Am Februar am léifsten - ech weess, dass dat schwierig ass -, spéitstens am Mäerz. An da kann ee jo net soen, dass vun deem engem oder deem aneren Dag un dann d'Leit alleguer mussen geimpft ginn, mee da mussen d'Leit zwee, dräi Méint Zäit kréien, oder véier Méint, wann een eng Duebel-impfung wëllt maachen, fir dass se och kënnen déi Duebelimpfung dann effektiv hannert sech kréien. Also, op Lëtzebuergesch gesot: Esou schnell wéi méiglech!

Wann Der dann elo wëllt an engem Gesetz ausdré-cken, wat Ufank Mäerz géif gestëmmt ginn, dass et véier Méint bis zur zweeter Impfung sinn - oder Dir

kënn och soen, spéitstens no zwee Méint misst déi éischt Impfung gemaach ginn, et kann een et ausdré-cken, wéi ee wëllt -, ech mengen, dann ass domat an eisen Aen d'Zäitschinn relativ kloer beschriwwen. Mee et ass elo, wou et muss gestëmmt ginn, well wa mer dat do eréischt am September maachen, dann hu mer och d'Kontroll iwwert déi nächst Well verluer. An dat wär an eisen Aen eng richteg Katastroph!

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Dat ass déi éischt Fro. Déi zweet, dat ass déi, ob se zäitlech soll begrenzt ginn. Ech mengen, dat ass absolut evident. Mir maachen hei eng Impfflicht, déi zäitlech soll begrenzt ginn. Wéini soll se dann ophalen? Mee ech mengen, et misst een an enger éischter Etapp kucken, se esou kuerz wéi méiglech ze halen. Mir hate gesot a geduecht, bis Enn 2023 wär logesch. Ech soen awer hannendrun: Ech hu jo d'Experten och gelies, déi pro-poséieren aus Grënn, déi mer aliichten, dass et méi sennvoll wär, dat bis Mëtt 2024 ze verlängeren. Dat ass och en Delai, deem an eisen Aen absolut logesch a korrekt ass.

Wat d'Persounen ugeet, si mer iwwerzeegt, dass eng Impfflicht all déi Persounen, déi hei zu Lëtzebuerg liewen a schaffen, muss concernéieren. Mir hunn och deem éisträicheschen Text gelies, deem d'Impfflicht just op d'Residentë beschränkt. Dat ass ganz sécher juristescht méi einfach an dat ass och an Éisträich manner e Problem. Mir soen, dass dat zu Lëtzebuerg awer anescht ass. D'Proportioun vun de Frontalieren, déi hei sinn an déi um Lëtzeburger Aarbechts-maart all Dag present sinn, mécht, wa mer se aus der Impfflicht erausloossen, dass et dann an eisen Aen sanitär net vill Sënn mécht. Dofir muss eng allgemeng Impfflicht op déi eng Aart a Weis an op déi aner souwuel déi Leit, déi Resident sinn, wéi och d'Frontalieren, déi all Dag hei erakomme fir ze schaf-fen, concernéieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Ech weess, dass dat juris-tesch net einfach ass. Ech weess, dass dat problema-tesch ass. Mee ech soen: Wann et méiglech ass, fir d'Frontaliere mat eranzehuelen, déi am Secteur de la santé schaffen, da misst et och juristescht méiglech sinn, fir déi eranzehuelen, déi zu Lëtzebuerg am Allgemenge schaffen.

D'Uni Lëtzebuerg huet d'ailleurs eng Rei Pisten an och eng Rei Schwieregkeeten, muss ech soen, opgezechent. Dat ass nach eng Diskussioun wäert. Mee ech soe kloer: Um sanitäre Plang schéngt dat eis déi eenzeg logesch Haltung ze sinn. Déi sanitär Situa-tioun zu Lëtzebuerg fuerdert dat op där enger Säit, an ech soen awer hannendrun, dass de Parallelismus tëscht Residenten a Frontalieren awer och eng Fro ass, déi fir eis wichteg ass aus Gerechtegkeetsgrënn an dass deem op der Aarbecht mussen bestoen, wou jidd-wereen ënnert der selwechter Enseigne soll behandelt ginn.

Mir mengen awer, an dat war Är nächst Fro, Här Premierminister, dass et net vill Sënn mécht, fir Tou-riste mat eranzehuelen, well dat juristescht bal net machbar ass a well et och, mengen ech, extreem schwierig an der Praxis ëmzesetzen ass, wann Der net erëm wëllt Grenzkontrolle maachen.

Dofir si mer der Meinung, dass een all déi Mooss-namen, déi haut am Covidgesetz sinn, nach muss bäibehalen iwwer eng ganz Zäit, ob dat elo den 2G oder den 2G+ fir den Tourismussektor ass. Déi mussen op jidde Fall nach an deenen nächste Wochen, géif ech mengen, bäibehale ginn. An ech kommen duerno op d'Durée vun deene Moossnamen nach eng Kéier zrëck.



Mee zumindest fir déi Leit, déi net geimpft sinn, déi op eise Territoire kënnen zirkuléieren, ouni datt se hei Resident sinn an ouni datt se hei schaffen, muss ee bei de Visite vum Fräizäitsecteur, déi gemaach ginn, e Système de contrôle hunn, fir awer iergendwéi déi ganz Saach am Grëff ze behalen.

Den drëtten Punkt, deen Der gefrot hutt, dat ass den Alter. Mir hu gesot, datt mir fir eng Impfflicht allgemeng ab 18 Joer sinn, well et eis aus juristesche Grënn och komplizéiert schéngt, fir deene Mannerjärege - an ech fänken emol deen anere Wee un - eng Impfflicht ze imposéieren, well et och, wann een et mat 18 Joer mécht, déi gréisstméiglech sanitär Sécherheet bedeit a well et, wéi den Här Bodry et a senger Analys vum Stroossbuerger Urteel seet, juristesche komplizéiert ass, Kategorien ze schaffen, déi emol kéinten op hire Bien-fondé contestéiert ginn a virum Geriicht als diskriminatoresch consideréiert ginn.

D'ailleurs wëll ech soen, datt déi Avisen, déi Der eis geschéckt hutt vum Tribunal d'arrondissement, genau déi selwecht Analys confirméieren. Den Tribunal d'arrondissement, zum Beispill, seet, datt eng « vaccination sectorielle poserait plus de questions qu'elle n'en résoudrait. » De Collège médical - de Collège médical! - seet och ganz kloer, datt déi Vaccination misst adresséiert ginn „à tous les résidents du pays“. Si soen, datt eng Loi autonome fir d'Obligation vaccinale générale sollt esou schnell wéi méiglech agefouert ginn.

D'Uni Lëtzebuerg seet et par ailleurs am kloersten. An ech liesen dat och gär vir fir ze weisen, datt dat net alles an eiser Imaginatioun entstanen ass, mee datt et och vun enger ganzer Rei vun anere Leit gedeelten Argumenter sinn. D'Uni Lëtzebuerg seet: « Il peut y avoir des arguments médicaux tout à fait pertinents en faveur d'un aménagement de l'obligation vaccinale légale en fonction de l'âge. Mais compte tenu de l'intention de supprimer les restrictions généralisées des droits fondamentaux, l'obligation légale de vaccination ne se justifie que si elle est conçue comme une tâche sociale commune » - une tâche sociale commune! - « à tous les habitants du Luxembourg et comme un élément de liberté collective. »

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Do gëtt et selbstverständlech eng Rei praktesch Problemer, mee ech soen, de Prinzip vun der Tâche sociale commune ass hei an eisen Aen extreem, extreem wichteg.

Ech fieren och weider: « L'obligation légale de vaccination en tant que réaction normative généralement contraignante, précise et compréhensible peut permettre de sortir définitivement de ce mode de crise et de rétablir l'impérative de clarté juridique de l'état de droit. Il s'agit là aussi d'une tâche qui incombe à l'ensemble » - net „une partie“, mais „l'ensemble“ - « de la société et pas seulement à certains groupes à risque. »

D'Commission nationale d'éthique, déi sech zwar iergert iwwert d'Hetz, an där se hu mussen deen Avis schreiwen - ech verstie se, et ass net ëmmer einfach -, huet awer e laange substanzuellen Avis geschriwwen, wou se och eng einfach Iddi, eng ganz einfach Iddi ganz kloer ausdréckt. Si seet: „Et kann net sinn, datt mer op där enger Säit méi Contrainten op déi eng verleeën, méi Contrainten op déi Vulnerabel, méi Contrainten op déi Leit iwwer 50 Joer, an eng Diminution vun de Contrainten fir déi aner maachen!“

D'Commission nationale d'éthique seet, datt dat net wëschenswäert wär, well et kloer an däitlech den Egalitéitsprinzip géif total op d'Kopp geheien, an d'Argument vum Devoir de solidarité, dee mer als Gesellschaft hunn, nëmmen do ass, wann et fir eis all,

all déi Personne-majeuren hei am Land, voll appliqué ass.

Si zéien eng Konklusioun, déi ech och gär virlesen, déi doranner besteet ze soen: « Appliquer une obligation à tous les résidents et aux salariés de tous secteurs a le grand avantage d'être limpide et de mettre un peu d'ordre dans les paquets de mesures successifs des dernières deux années, dont la lisibilité difficile contribue à la lassitude générale qu'il convient tout justement de combattre. »

Ech fannen dat och eng kloer Iddi, déi eis einfach seet: Kommt, mer huelen elo endlech eng kloer an däitlech Decisioun, wou jiddweree sech kann domadder identifizéieren!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Elo huet den Aarbechtsgrupp vun den Experte gesot, mir solle partiell Impfflichten aféieren, an huet just déi Leit iwwer 50 Joer virgeschloen, plus déi Vulnerabel. Mir hunn och déi Argumentatioun gelies an analyséiert. Ech soen Iech, et lichter mer och villen an. Ech verstinn och d'Argumentatioun, mat där hei gefuer gëtt. Ech verstinn och, wat d'Madamm Justizminister an d'Madamm Gesondheitsminister eis hei erkläert hunn. Mee, wéi gesot, et gëtt och awer eng Rei aner Argumenter - och wa mer déi Rasonementer do kënnen verstoen -, déi eis zu enger anerer Konklusioun komme loosse an déi eis zu enger allgemenger Impfflicht neige loosse; niewent deenen, déi ech elo juristesche an eethesch genannt hunn.

Dat éischt Argument ass, datt ee muss oppassen, datt eng Impfflicht fir iwwer 50-Järeger net vun all deenen anere Leit opgeholl gëtt, wéi wa si elo näischt méi misste maachen, datt déi Leit ënner 50 Joer net gesot kréien: „Mee Dir, well Der ënner 50 sidd an eventuell net vulnerabel, Dir laaft am Fong keng Gefor méi, Dir sidd am Fong kee Problem méi. Dofir braucht Der Iech net impfen ze loosse.“ Dee leschte Saz gëtt dann net hannerendru gesot, mee et gëtt awer, wann een dee Stréch zitt, kloer gesot, datt déi eng vulnerabel a problematesch sinn an déi aner en fin de compte net. Mir mengen, datt dat e kloer Risiko ass, datt dann eng ganz Rei Kategorië Leit am Fong déi Impfung, déi se musse maachen, och wa se ënner 50 Joer sinn, als iwwerflësseg empfangen.

Dat Zweet ass, datt een domadder seet, datt een am Fong bei deene Leit ënner 50 Joer eng Zort Duerchseuchung akzeptéiert, asoufern se net geimpft sinn. Dat huet awer an eisen Aen och grouss Nodeeler, well mer och wëssen, datt de Schutz vun der Krankheet - esou soen et op jidde Fall d'Experten - net esou laang hält wéi deen, deen ee vun den Impfung kritt, an dat eis dann exposéiert bei där nächster Well; well de Schutz och net esou breet géint aner Varianten ass wéi d'Impfung an d'Plausibilitéit vun enger anerer Variant méi grouss mécht; well mer awer och eng Rei Intensivbetter hunn, wou ënner 50-Järeger dra leien; a well, och wa vläicht d'Krankheitsbild fir déi ënner 50-Järege net esou schlëmm ass wéi bei deene méi Vulnerabele respektiv bei deenen, déi méi en héijen Alter hunn, et awer esou ass, datt mer net wëssen, och wann een de Covid huet, ouni datt een dee Moment Symptomer huet, wéi dann de Long-Covid duerno bei deene Leit sech ausdréckt, an datt ee somme toute weesentlech besser huet, eng Impfung virzehuelen, fir dee Problem och esou wäit wéi méiglech ze émgoen.

All déi juristesche, all déi eethesch, all déi deontologesch Argumenter, déi an enger ganzer Rei vun deenen Avisen, déi mer vun Iech kruten, tel quel wéi ech se elo gesot hunn, erëmkommen, gehéieren zu eiser Argumentatioun.

Mir si frou, datt deen Expertegrupp, deen Der beoptraagt hutt, sech fir eng Impfflicht ausschwätzt, mee mir kënnen nëmme mat enger deelweiser Impfflicht - fir iwwer 50 Joer - liewen, wann et esou ass, datt se als éischt Etapp vun enger allgemenger Impfflicht gesi gëtt. Et muss ee jo iergendzousch ufänke mat impfen. Mee d'allgemeng Impfflicht ass an eisen Aen dat Zil, wat mir als Politik sollten a missten elo ganz kloer zum Ausdrock bréngen. A wann een da mat deenen iwwer 50 respektiv mat deene Vulnerabele respektiv mat deenen, déi aus dem Soin-Secteur sinn, ufänkt, dat ass Ok fir eis, mee d'Zil muss an eisen Aen absolutt kloer sinn.

Déi Critère-de-professionen, déi hei ausgeschriwwen ginn, do hutt Der jo och gefrot: „Sidd Der der Meenung, datt ee soll verschidde Professionen impfen, an anerer net?“ Also, ech soen Iech, mir si jo fir eng allgemeng Impfflicht, dofir bräicht ech jo elo net op déi do Fro, en fin de compte, ze äntweren. Mir sinn awer der Meenung, datt ee selbstverständlech déi exposéiert Professionen respektiv déi Professionen, déi mat Vulnerabelen ëmginn, soll virimpfen.

Mee Dir hutt elo gesot, Här Staatsminister, ... an do kommen ech elo net derlaanscht, dat trotzdem ze soen: Mir hunn de 24. Dezember an eiser Motioun virgeschloen, datt ee géif par étape virgoen an a sech de Santé-Secteur an de Soin-Secteur virimpfen. Ech ka mech hei gutt erënneren, datt Dir eis bei där doter Motioun do virgeworf hutt, mir géifen alleguer déi Leit stigmatiséieren ...

*(Interruption)*

... a mir géifen alleguer déi Leit do, nun, an eng fir si onméiglech Situatioun erandriewen.

Jo, wann Der déi Proposition, déi den Expertegrupp mécht, awer elo als alternativlos gesitt ... Déi proposéieren dat jo awer just.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Nee.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Ech hunn dat zwar gelies. Mee dann erkläert Der eis duerno, wat se proposéieren. Ech hu gelies, se géifen a sech déi iwwer 50-Järege an déi, déi an engem Sektour ...

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Dir hutt gefrot, fir mat deenen unzefänken. C'est pas la même chose. Dir hutt gefrot, fir dass ee mam Sektour iergendwann ufänkt, ...

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Jo.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | ... wou den Avis seet, et misst ee mam Alter a mam Sektour ... C'est pas la même chose! Hätte mer just eleng de Personnel médical stigmatiséiert. An hei ass et en Ensembl vu Leit, déi vulnerabel sinn, ...

**Plusieurs voix** | O!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | ... plus de Cordon sanitaire. Also ...

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Also ech loosse de Leit dobaussen ...

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | ... ech hunn och den Avis gelies, he!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Ech iwwerloossen et de Leit dobaussen, iwwert déi doten Explikatioun ze jugéieren. Eis Proposition ass, eng allgemeng Impfflicht ze maachen. Dat stigmatiséiert da sécherlech keen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Ech soen awer och nach ganz kloer zu där Stigmatisatioun: Also, wann ee seet ... Eng Impfflicht am Gesondheits- an am



Fleegeseक्टर, dat ass an eisen Ae keng Diskriminatioun, déi een domadder mécht. Ech soen Iech: A mengen Aen ass et eng moralesch Evidenz an eng sanitär Noutwendegkeet - an deem Secteur.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Eis Meenung ass, wéi gesot, ganz kloer an där doter Hisiicht.

De véierte Punkt oder déi Punkten, déi hannendru kommen, wou Der den Objet méi prezis wëllt maachen, dat sinn am Fong technesch Froen, déi ech net wëll politesch hei traitéieren, mee déi een am Fong haaptsächlech sanitär sollt traitéieren. Ech ginn Iech awer elo eis intuitiv Äntwerten zu deenen dote Froen. Mee ech soen Iech awer gradesou kloer: Wann eis wëssenschaftlech eppes anescht bewise gëtt, si mer duerchaus bereet, doriwwer ze diskutéieren.

Dir frot: „Wat ass de Schéma vaccinal complet, deen Der muss bei enger Impfflicht aféieren?“ Eis Äntwert ass a sech: Majo selbstverständlech dee Schéma vaccinal, deen eis garantéiert, datt mer d'Gesondheet esou wäit wéi méiglech schützen. Dat heescht, wann dat juristescht méiglech ass, an eisen Aen: zwou Impfungen plus e Booster. Dat ass jo dat, wat och konstant vun der Regierung recommandéiert gëtt, soudatt mir dat och bei der Impfflicht sou verstinn: Sou, datt protegéiert gëtt, a sou, datt Der esou mann wéi méiglech de Virus weiderdrot.

Ech weess awer och, datt dat juristescht net ganz evident ass, well de Schéma vaccinal complet ass elo definéiert op europäeschem Niveau, mengen ech, als einfach eng duebel Vaccinatioun.

Bon, Dir hutt eis eis Meenung gefrot. Ech soen Iech eis Meenung. Ech weess, datt et juristescht komplizéiert ass, mee ech ginn awer dovunner aus ... Wann ech mech och gutt erënneren, huet d'Madamm Ministesch eis dat iergendeng Keier gesot ... Dee Moment, wéi mer d'illimitéiert Validitéit vum Certificat fir e Booster agefouert hunn, hutt Der eis gesot, datt warscheinlech an den nächste Wochen oder Méint och eng Decisioun géif geholl ginn, wat d'Validitéit vun der Boosterimpfung ugeet an datt déi warscheinlech och an en normale Schéma vaccinal géif ageschriwwen ginn, wat dann eis juristescht Problemer géif léisen.

Bon, Dir hutt eis eis Meenung gefrot, mir ginn Iech eis Meenung.

„Wéi gi mer mat Personnes guéries ëm?“, frot Der eis. Och do wëll ech kloer eng Äntwert drop ginn. Ech mengen, datt een dat elo muss esou maachen, wéi et am Gesetz steet. Well mir kruten erkläert, a mir gleewen dat, datt déi sechs Méint, déi elo am Gesetz stinn, wou een eng Validitéit huet, fir sech awer kennen, wann een da krank war, ouni Impfung ënnert dem 2G an dem 3G ze beweegen, ... mir ginn dovunner aus, datt dat epidemiologesch a sanitär richtig ass. A wann dat sanitär richtig ass, dann, mengen ech, soll een och déi Durée do bäibehalen. Wann awer elo de Ministère de la Santé oder déi europäesch Experten zur Konkusioun kommen, datt dat ze laang ass, dann huele mer deen Delai, dee sanitär appropriéiert ass. Einstweilen ass et sechs Méint. Dofir eis Äntwert: einstweile sechs Méint.

Dir frot eis: Wat sinn aner Exceptiounen? Och do meng Äntwert oder eis Äntwert: Dat, wat medezinesch sënnavoll ass fir ze maachen. Wa mir d'Experte liesen, dann ass medezinesch sënnavoll, vun der Impfflicht eng Exceptioun ze maache fir schwanger Fraen, fir eng Lëscht vun ... Wann Der mer sot: „Et ass net esou“, j'accepte directement. Et ass dat, wat ech gelies hunn. Mee, wéi gesot, mir huelen dat hei zréck. Dat hei sinn nu wierklech keng politesch Froen. Dat

hei sinn technesch Froen, déi Der eis gestallt hutt. Ech probéieren, esou gutt wéi méiglech dorobber ze äntweren.

Dir hutt eng Lëscht vu Krankheetsbiller erausginn, wou am Fong eng Impfung net ubruecht wier. Déi Lëscht vu Krankheetsbiller, fanne mer, misst eng Keier iwwerkuckt ginn. Se ass an anere Länner liicht anescht. Dat, fanne mer, misst als grouss Leitprinzip dohinnergestallt ginn. An da muss an eisen Aen awer duerch den eenzelnen Dokter, deen de Fall individuell kuckt, am Kader vun där genereller Reglementatioun kennen individuell Decisiounen dorop geholl ginn.

Dat bedeit natierlech eng gewësse méi grouss Flexibilität wéi déi, déi hei do ass. An et bedeit och, an dat wär Är nächst Fro, datt muss eng Kontroll dovunner gemaach ginn. Ech mengen, mir mengen, datt de Contrôle médical muss hei gesot kréien, datt se och méi Kontrolle vun deenen Exceptiounen, déi d'Doktere verschreiwen, kënne maache fir ze evitéieren, dass falsch Certificaten oder Certificat-de-complaisancen ausgeschriwwen ginn.

Déi nächst Fro, déi Der eis stellt, dat ass déi vum Ordre de vaccination. Ech mengen, deen ass an eisen Ae kloer: déi Vulnerabel, déi - soe mer dann - iwwer 50 an eng Rei sozioprofessionell Kategorien, esou wéi et souwisou schonn zu engem Deel an eiser Motioun vum 24. Dezember stoung.

Déi nächst Fro, déi Der eis stellt, dat ass de libre Choix vun de Vaccinen. Eis Äntwert ass kloer an däitlech: Dat ass an eisen Ae bei enger obligatorescher Impfflicht eng absollut Evidenz! Mir wëssen och, datt de Choix vun de Vaccinen an d'Offer vun de Vaccine warscheinlech eng logistescht Erausforderung fir d'Regierung gëtt. Mee wann Der eis einfach esou déi Fro stellt, ma dann ass eis Äntwert evident. Mir hunn et schonn, d'ailleurs, relativ schwierig fonnt, de Leit ze explizitéieren, datt se obligatoresch ee Vaccin oder een anere géife kréien, ouni kennen ze froen, wat fir ee Vaccin se da gären hätten, an ouni och, datt eng Rei Leit, déi e Certificat médical haten, déi gesot hunn, et wär besser fir si, wa se deen doten oder en anere Vaccin géife kréien, einfach duerch déi haiteg Impfung geschleust ginn, ouni datt op déi Prescription-médicall gekuckt ginn ass.

Bon, dat zwësche Klammeren, op d'Säit. Mee wann et eng Obligation vaccinale ass, mengen ech, da misst de libre Choix vum Vaccin garantéiert ginn.

Op d'Fro vun de Strofen, déi Der eis stellt, do hu mer keng definitiv virgefaasste Meenung. Mir soen: Evidenterweis mussen kennen eng Rei Penalitéiten ausgeschwat ginn. Ob dat elo administrativer oder penaler sinn, do ass eis Äntwert: Ech géif einfach gär wëssen, wat fir d'Administratioun am einfachste wär ze maachen. Mir wëssen och, wat fir e Volume Aarbecht dobäi kënnt.

Mir kennen, ech soen dat ganz kloer, souwuel mat administrative wéi mat penale Strofe liewen, mat enger Ordonnance pénale, mee awer och mat administrative Strofen. Dat, wat mer par contre gär hätten, dat ass, datt déi Strofe systematesch fir all d'Leit géifen ausgeschwat ginn, an net engem Zoufalskontrollsystem, wann een op der Strooss erwëscht gëtt, géifen ënnerleien. Dat heescht, e systematescht Ausschwatze vun deene Strofe schéngt eis sënnavoll. Dat schéngt eis besser wéi Zoufalskontrollen, déi gemaach ginn.

Mir schätzen, an eisen Aen, datt esou Strofen zwëschen 200 a 500 Euro solle leien. Dir hutt eis och déi Fro gestallt. Och déi Fro kritt Der beäntwert. Dat schéngt eis rasonabel ze sinn. Mir soen awer hannendrun, datt mer der Meenung sinn, datt se solle repetitiv sinn an net just eng Somme unique - och fir Iech

dat ganz kloer ze soen. An zwar repetitiv allkéiers all zwee, dräi Méint, wann eng Invitatioun erausgeet, fir sech impfen ze loosson. Wann där Invitatioun net Folleg geleescht gëtt, da si mer der Meenung, datt esou en Avertissement oder esou eng Strof soll ausgeschwat ginn.

Dir frot dann, ob déi Strofe solle majoréiert ginn. Mir sinn der Meenung, datt dat an deser Etapp net noutwendeg ass. Mir hätten am léifsten, wann et kéint mat enger Rei Critères d'appréciation a sozial gestaffelt gemaach ginn. Dat géif awer bedeuten, datt et misst iwwert de Riichter am Kader vun Amendepénalle geschéien. Falls dat administrativ wär, wär dat net méiglech. Dat soen ech awer och hei, fir et ganz kloer ze maachen: Dat ass och nëmmen e Wonschdenken, fir et esou ze maachen. Mir géifen et besser esou fannen.

Mir wëssen awer och, datt et an der Realitéit mat deem, wat op eis zoukënnt, warscheinlech net méiglech ass, fir et esou ze maachen; fir et sozial gestaffelt ze maachen a fir Critère d'appréciationen do erauszeginn. A wann et net méiglech ass, ass dat och fir eis keng Condition sine qua non. Mir kennen och mat enger anerer Formule liewen. Ech mengen, domadder ass eis Meenung iwwert d'Strofe kloer.

Wat ass mat deene Froen iwwert den Accès vun der Aarbechtsplaz?

Et deet mir leed, datt et e wéineg laang ass, mee de Staatsminister huet eis esou vill Froen gestallt. Ech wëll mer net duerno soe loosson, datt ech net géif drop äntweren.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | De Staatsminister ...

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Dofir probéieren ech, kloer an däitlech ze sinn. Wann een iwwer esou Saache schwätzt, Här Kartheiser, da soll een och kloer soen, wat ee wëllt. An dat ass dat, wat ech probéieren, hei ze maachen.

Déi selwecht Äntwert ... Iwwert den Accès vun der Aarbechtsplaz: Do géife mir déi selwecht Äntwert ginn, déi d'Regierung schonn am Kader vun dem 3G ausgehandelt huet mat de Gewerkschaften. Dat heescht, datt am Fall, wou en Netgeimpften net kann op seng Aarbechtsplaz goen, dat Konsequenzen huet, déi op där enger Säit beim CET, dat heescht dem ... Wat ass elo d'Ofkierzung?

**Une voix** | Compte épargne-temps!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Voilà, merci.

... Compte épargne-temps, op där enger Säit, dann dem Congé an dann op der Remunératioun spillen, wou ech - an ech soen dat an deem Moment - e Licenciement net géif envisagéieren. Et muss ee kucken, wéi d'Situatioun evoluéiert a wéi laang déi ganz Saachen do daueren.

Wat d'Certificat-de-complaisancen ugeet - ech mengen, datt hunn ech scho gesot -, sollen déi Instances de contrôle, déi haut a sech souwisou kontrolléieren, méi, méi oft a méi fest Kontrolle kennen an deem Kader maachen.

Wat d'Procédure de mise en œuvre ugeet, do si mer kloer der Meenung, datt et eng Loi autonome soll ginn. Mir soen awer och, datt d'Covidgesetz muss parallel adaptéiert ginn, fir der momentaner Situatoun vun den Touristen hei am Land gerecht ze ginn. A mir wär frou, wann ee kéint ... An ech kommen elo mat engem Stufeplang, mee et ass awer - fir Iech ze berouegen - en total anere wéi deen, dee mer soss genannt hunn; datt Der Iech elo net braucht opzereegen dowéinst.

(Interruption)



Mee mir géifen et awer sënnvoll fannen, wa géif gesot ginn, wéi dann déi Contrainten, déi mer elo hunn, par étapes, lues a lues kéinten opgehuewe ginn op Basis vun der Evolutioun vun der sanitärer Situatioun, fir datt een och en Ureiz gëtt, fir mat an déi Richtung do ze goen. Dat géif eis sënnvoll erschéngen, quitte datt ech och weess, Madamm Minister, datt eng gewësse Flexibilitéit och bei engem Stufeplang ëmmer néideg ass an datt een deen och kann déi eng oder aner Kéier, wann een dann esou e Plang huet, de Gegebenheeten upassen, wann et muss sinn.

Dann ass et esou, wat d'Résident-vaccinéen à l'étranger respectiv d'Non-Residenten ugeet, do si mer der Meenung, datt déi Certificatiounen, déi se am Ausland kréien - well wa se sech do vaccinéiere loossen, kréie se dat jo vun deenen auslänneschen Autoritéiten certifiéiert -, datt déi Certificatiounen musse kënnen hei eragerecht ginn, fir dann eng Equivalenz ze kréie fir de Lëtzebuurger System.

Ech soen Iech: Dat war hei zu Lëtzebuerg heiansdo komplizéiert. Ech hu selwer d'Erfaarung mat Familljemembere gemaach, déi vun deem aneren Enn vun der Welt komm sinn. Wat ass do geschitt? Mee déi sinn, well dat hei komplizéiert war, an eng franséisch Apdikt gaangen a kruten do ouni Problem e Certificat d'équivalence, e QR-Code ausgestellt, deen dann och zu Lëtzebuerg benotzbar war. Dat alles en toute légalité, en toute transparence, mee en toute simplicité administrative, wat normalerweis net de Fall bei der franséischer Administratioun ass, déi net onbedéngt ëmmer bekannt ass fir hir administrativ Simplicitéit. Mee hei huet dat awer wonnerbar geklappt. An an deem Kader, mengen ech, kéint een och esou eppes wéi dat hei ersetzen.

Dat waren déi Äntwerten op déi Froen, déi Der eis gestallt hutt. Ech kommen elo zum Schluss.

Eis Meenung ass also kloer. Mir wëssen awer och, Här Staatsminister, datt d'Ëmsetzung vun enger Impfflicht, ob dat elo eng allgemeng ass oder ob et eng partiell ass, wäert op Widerstand stoussen, wäert och dobausse contestéiert ginn. An dofir, soen ech, ass et a mengen Ae wichteg, datt d'Politik hei kloer Wierder schwätzt, datt d'Regierung och Leadership weist an haaptsächlech datt d'Regierung aus engem Mond schwätzt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Dat ass fir eis weesentlech. Wann ech awer kucken, wat an där leschter Zäit fir eng Onkloerheet a verschiddenen Aussoe war a wat d'Divergenzen a verschiddenen Aussoe vu Regierungsmembere maachen, da stellt dat mer Problemer.

Ech soen Iech, Här Staatsminister: Ech hunn Iech mat Pleséier an Ärem Interview nogelauschert, deen Der ginn hutt fir Neijoerschdag, wou Der kloer Wierder a sech fonnt hutt, wou Der gesot hutt: „Wa mer vläicht viru Woche schonn eng Impfflicht gehat hätten, dann hätte mer vläicht eng aner Situatioun. An all Woch, déi ee verléiert mat der Diskussioun, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | ... ass e Risiko méi, datt mer méi Leit hunn, déi infizéiert ginn.“ Dir hat vollkommen, vollkommene Recht! An ech war frou, wéi ech Iech do héieren hunn. Ech sinn net ëmmer frou iwwert dat, wat Der sot, mee hei ...

(Hilarité)

... muss ech soen, ...

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Ech lauschten Iech gär no!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Jo, ech hunn Iech hei an dësem Saz och gären nogelauschert.

(Hilarité)

Mee ech muss awer da soen, datt ech d'Gesondheetsministesch, déi ufangs Januar am „Télécran“ en Interview ginn huet an déi seet: „Die Pandemie hat uns kalt erwischt und die Gemüter sind erhitzt. Ich finde es nicht günstig, inmitten der hochkochenden Emotionen über so etwas zu diskutieren.“ ...

Also, datt huet mech zwar du gestéiert, well, éischens, „kalt überrascht“ - no zwee Joer? Ech sinn elo net méi „kalt überrascht“. Ech weess, datt et eng Evolutioun ass. Mee op där anerer Säit, fir dann awer ze soen: „Mir kënnen nëmmen iwwer eng Impfflicht schwätzen, wann d'Gemüter sech berouegt hunn a wann d'Pandemie fäerdeg ass“, ... Datt ass fir wann d'Pandemie fäerdeg ass, wou d'Gemüter sech berouegt hunn. Dat mécht awer ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | O Här Wiseler, Dir sidd haut awer och vill méi roueg wéi soss, muss ee soen. Ech fannen, dass Der bis elo ...

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Da sot mer Merci dofir!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ma ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ma voilà! Da si mer eis eens.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech fannen, dass Der haut ganz roueg, ...

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech soen Iech Merci, dass Dir mer Merci sot.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | ... ouni Poleemik geschwat hutt. An dat war nach laang net ëmmer de Fall!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Et kéint een esou weiderfueren, ...

(Interruptions et brouhaha)

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Här Kersch, ech sinn och nach net fäerdeg.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Um Här Wiseler gären - un Iech net, Här Mosar.

(Interruption)

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Mee ech wollt am Fong soen, datt ech fonnt hunn, datt och an där Pressekonferenz Enn Dezember, wou d'Madamm Lenert sot, datt een déi Diskussioun, an hiren Aen, sollt roueg féieren, an d'Emotiounen wäeren elo héich ... Dat wësse mer, datt ee se net kéint an deem Kader féieren. An den Här Bettel, dee bal an d'Wuert fält, hat ech op jidde Fall d'Impressioun, d'ee seet, hien hätt gär, datt eng Positioun Mëtt Januar géif geholl ginn - dat ass elo! An et kann een net waarden, bis all Emotiounen fort sinn. Sou! Ech muss soen: Et ass elo Zäit, fir et ze maachen! Et ass net Zäit fir ze waarden.

Da wëll ech awer och nach eppes soen - et deet mer Leed, Här Engel, Dir sidd elo frësch an der Regierung, mee Dir musst awer elo nolauschteren - iwwer Ären Interview, deen Der de leschte Méindeg ginn hutt, wou Der sot, datt Der perséinlech net der Meenung sidd, datt mer elo eng Impfflicht brauchen, well dat elo net dat Richtegt géif bréngen. Dir sidd zwar d'accord mat enger Diskussioun, mee Dir schwätzt Iech schonn an Ärem perséinlechen Numm géint eng Impfflicht aus.

Ech soen Iech: Effektiv, jiddwereen ass fräi, seng Meenung ze soen. Mee ech soen awer och hannendrun: Hei si mer jo alleguer an engem ganz komplizéierten, an engem ganz schwierigen Dossier. A wann eng Regierung wëllt esou eng schwierig

Reform duerchsetzen, dann hätt se besser, sech selwer an esou engem wichtege Dossier keng Problemer ze schaafen an an hiren Aussoe kloer a gradlinnig ze sinn an net an déi eng Richtung an an déi aner Richtung ze zéien.

Ech soen dat och an engem calmen Toun. Mee ech mengen, dat, wat op eis zoukënnt, gëtt net einfach. Et ass also als Recommandatioun fir d'Zukunft ze verstoen.

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Mee an alle Parteien gëtt et Diskussiounen. An alle Parteien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Mir si frou, datt d'Experte sech fir de Prinzip vun enger Impfflicht ausgeschwat hunn. Dat ass an eisen Aen absolutt noutwendeg. D'Experte proposéieren eng partiell Impfflicht.

Op Basis vun eise Reflexiounen, op Basis vun deenen Avisen, déi mer gelies hunn, op Basis vun deem, wat aner Experten aus dem Ausland soen a mer och gelies hunn, si mer aus ville Grënn der Meenung, datt et eng allgemeng Impfflicht soll sinn: well de Schutz méi breet ass géint déi nächst Well, well mer och Better hunn, déi vu manner wéi 50-Järege beluecht ginn, well de Risiko vum Long-Covid do ass, well den Impfwëlle vun 50-Järege vläicht offält, well mer déi Experte gelies hunn. Well mer déi Rasonementer verstinn, soe mer, datt eis Meenung kloer ass a soe mer och, datt mer natierlech mussen d'Evolutioun vun der Situatioun an deenen nächste Wochen alleguer zesumme beobachten.

Mee eis Meenung ass kloer: Mir si fir eng allgemeng Impfflicht - elo direkt an net eréischt an e puer Méint! Mir kënnen mat de Propose vun den Experte just da liewen, wann et kloer ass, datt et eng éischt Etapp ass, well mer an eisen Ae jo iergendzwousch - iergendzwousch! - mussen ufänken, a wann an e puer Wochen déi nächst Etappen hannendrukommen a wann dat elo schonns decidéiert gëtt.

An deem Sënn ginn ech och, fir eis Positioun kloerzemaachen, dem President hei eng Motioun of. Ech hoffen, Här President, datt mer schnellstens an dësem Dossier zu Decisiounen kommen. Ech soen Iech Merci.

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que la vaccination constitue la mesure centrale pour sortir en tant que société de la pandémie du Covid-19 après deux ans de crise ;*

- *considérant que le taux de vaccination au Luxembourg est toujours insuffisant pour y parvenir ;*

- *considérant que la vaccination constitue également la meilleure protection individuelle contre la maladie à coronavirus notamment dans ses évolutions graves ;*

- *considérant l'avis du 8 décembre 2021 de la Commission nationale d'éthique pour laquelle l'obligation vaccinale est « parfaitement justifiable de tous les points de vue » ;*

- *considérant le document de synthèse du Gouvernement relatif au débat de consultation sur l'analyse de l'opportunité d'introduire une obligation vaccinale sectorielle ou universelle du 12 janvier 2022 ;*

- *considérant l'« Avis du Groupe ad hoc d'experts sur l'instauration d'une obligation de vaccination contre la Covid-19 » du 14 janvier 2022 plaçant pour la « vaccination de la plus grande partie possible de la population éligible selon les recommandations en vigueur actuellement » ;*

- *considérant les avis et les communiqués du Collège médical, de l'Association des médecins et médecins-dentistes (AMMD), de la Confédération des organismes prestataires d'aides et de soins (Copas), de l'Université du*



*Luxembourg, du Parquet général, du Tribunal d'arrondissement de et à Diekirch, de la Commission nationale pour la protection des données (CNPd), de la Patiente Vertriebler ASBL, de l'Union des entreprises luxembourgeoises (UEL), de l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher (OKaJu) et de la Commission nationale d'éthique (CNE),*

*invite le Gouvernement*

*- à présenter dans les meilleurs délais un projet de loi instituant une obligation vaccinale générale pour les résidents et les frontaliers majeurs ;*

*- à prévoir, le cas échéant, une introduction par étapes de cette obligation vaccinale générale, une première étape pouvant consister en une obligation vaccinale pour les personnes âgées de plus de 50 ans et pour les personnes œuvrant dans les structures de soins, y compris les cabinets de villes, ainsi que pour les acteurs des services de secours ;*

*- à présenter un plan pour la levée des mesures actuelles en place pour limiter la circulation du virus. Ce plan devra comporter des étapes définies par l'évolution de la situation sanitaire ;*

*- à garantir le libre choix du vaccin lors de la précitée obligation vaccinale ;*

*- à définir clairement une date limite pour la nécessité de se conformer à l'obligation vaccinale (devant se situer avant la fin juillet 2022) et à limiter cette dernière dans le temps (au plus tard après le 1<sup>er</sup> semestre de 2024) ;*

*- à assurer une offre vaccinale dans toutes les régions du pays ;*

*- à offrir en parallèle une ligne d'assistance et de conseil médical téléphonique relative à la vaccination contre le coronavirus ;*

*- à continuer et à intensifier les campagnes de sensibilisation scientifiquement fondées pour les bienfaits de la vaccination ;*

*- à exclure dans tous les cas et en toutes hypothèses la vaccination forcée au Luxembourg.*

*(s.) Claude Wiseler, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Max Hengel, Gilles Roth.*

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos, Här Wiseler. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleginnen a Kollegen, den Debat vun haut ass mat Sécherheet net de parlamentareschen Alldag. D'Konklusioun vum haut wäerten de Wee zeechnen, dee mir bereet sinn, als Land an als Gesellschaft weider duerch dës Pandemie ze goen, wéi mir als Land an als Gesellschaft wëllen zesummen aus där Pandemie erauskommen. D'Konklusioun wäerte richtungsweisend si fir déi nächst Wochen an déi nächst Méint.

D'Fro iwwert d'Impfflicht drängt sech op. D'Dokteren, de Gesondheetssektor, awer och verschidden Acteuren aus der Zivilgesellschaft hu sech scho mat der Fro auserueegesat. Elo ass et un eis heibannen, kloer faarf ze bekennen. D'Debatt vun haut muss sinn! D'Debatt als alternativlos an et féiert och kee Wee laanscht déi Debatt, déi mer haut de Mëtteg féieren.

Et gëtt keng Demokratie ouni Debatt, a scho guer net a Krisenzäiten. An duerfir ass et wichteg, dass mer eis den néidege Kader, déi néideg Rou an déi néideg Zäit, déi néideg Serenitéit ginn, sou wéi mäi Virriedner et hei uewe gemaach huet, a mat der néideger Serenitéit iwwert den Nutzen an iwwert d'Noutwendegkeet vun der Aféierung vun enger Impfflicht ze diskutieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Dës Debatt gëtt hei am Plenum gefouert. D'Debatt gehéiert heihinner, eebe grad well mer net an enger Coronadiktatur liewen. Do kann och eng Minoritéit vu Leit dobaussen dat esou haart jäizen, wéi se wëllen, dat ass falsch! Zanter Ufank vun der Pandemie viru bal zwee Joer, ass deen Debat do gefouert ginn, wou en higeheiert, nämlech heibannen am Parlament.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Jiddweree vun eis 60 heibannen huet an där Zäit versicht, dat Richteg ze maachen, Gesetz no Gesetz. Mir hu mat eise Votte Verantwortung iwwerholl, fir eis a fir alleguer d'Leit dobaussen, och wann déi Decisiounen - an ech mengen, do si mer eis eens - net ëmmer einfach ze huele waren.

D'Fro iwwert d'Aféierung vun enger Impfflicht mécht do sécher keng Ausnam. D'Antwort op dës Fro huet en direkten Afloss dorobber, wéi mer an Zukunft mat der Pandemie ëmginn, wéi eisen Alldag an Zukunft ausgesäit, wéi d'Fleege- an d'Gesondheetspersonal weider wäert schaffen, wéi mer eis am Frëndeskrees an op der Aarbecht begéinen. Dat alles hänkt enk mat den Diskussiounen vun haut zesummen.

Här President, ech hu véier gesond Kanner. Keent vun hinnen huet d'Riedele kritt, d'Riselen, de Mumps oder den Tetanus, fir nëmmen dës Krankheeten ze nennen. Firwat? Ma ganz einfach, well se dogéint geimpft gi sinn an d'Impfungen effikass sinn. Dat ass einfach esou. Meng Kanner si geimpft ginn an ech denken, alleguerten déi, déi heibanne Kanner hunn, deenen hir Kanner sinn och geimpft ginn.

Esou ass dat zu Lëtzebuerg an den aller-, allermeeschte Familljen an ech ka mech net erënneren, dass eent vu menge Kanner respektiv eent vun de Kanner vu Kollegen oder aus dem Frëndeskrees iergendeng Reaktioun drop gemaach hätt.

Fréier an der Schoul hu mer den Aarm dohinnergehalen. Da krute mer eng Pick a mir hunn eng kleng Leenzeeche kritt an dat war et dann och. Eng Erënnung un e Vaccin, dee Liewe vläicht gerett huet, mee et war an der Schoul déizäit schonn därmoossen eng Normalitéit, dass een net méi driwwer geschwat huet an dass mer et souguer zum Deel vergiess hunn.

Firwat loossen Elteren hir Kanner, hir Puppelcher haut nach ëmmer impfen? Ma well se responsabel si fir hiren Nowuess a well se sech och responsabel vis-à-vis vun der Gesellschaft wëlle behuelen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Déi eeler Leit, eis Grousselteren, déi kënne sech nach erënneren, déi hunn d'Erfaarunge gemaach, wéi eng Konsequenzen déi Krankheeten, déi ech virduen opgezielt hunn, konnten hunn, well d'Polio, zum Beispill, viru der Aféierung vun enger Impfung an de 60er-Joren, konnt zu schreckleche Lämungen an och zu Wuesstumsstéierungen féieren.

E Kolleg, en Hausdokter, huet mer viru Kuerzem gesot, dass neierdëngs ëmmer méi Elteren hir Kanner net méi wëllen impfe loossen. Et ass zwar eng kleng Minoritéit, awer trotzdem. Déi Leit, déi Eltere refuséieren d'Impfung opgrond vun ominéisen Etüden iwwert d'Niewewirkungen. Jo, si ignoréieren awer bewosst de Fait, dass Reaktiounen quasi inexistent sinn. Si ignoréieren och de Fait, dass déi ufangs genannte Krankheeten nach ëmmer zu schwéiere gesondheetleche Konsequenze féiere kënnen an zu schwéiere gesondheetleche Problemer. Si ignoréieren och eise solidaresche System, ouni dee mir op kuerz oder laang géifen an eng Mauer rennen.

Eh bien, genauso ass et och mat der Impfung géint de Covid-19. Nach ëmmer wiert sech eng Minoritéit vu Bierger dobausse géint déi Vaccinatioun. Eng Minoritéit, wuelverstanen, mee dës Minoritéit ass awer grouss genuch, fir dass de System net esou gräift, wéi mer et géife brauchen. D'Konsequenzen dovunner sinn, dass eis Biergerinnen a Bierger och zwee Joer nom Ausbroch vun der Pandemie nach ëmmer ënnert de Konsequenze leiden, besonnesch déi jonk Leit an awer besonnesch och déi eeler Leit; eeler Leit, déi dacks hu missen iwwer laang Zäiten eleng bleiwen, op hir Léifste verzichten, ob se eleng gelieft hunn oder a Strukturen. Keng reegelméisseg Visitte vun de Kanner, vun den Enkelkanner, net als Bopi a Bomi kënne vun der gudder aler Zäit verzielen oder d'Kandskanner richteg verwinne, kee Knuddele mat de Grousselteren.

Kee wäert eise Jonken an eisen Teenager déi onbeschwéiersten Zäit vun hirem Liewe kënnen zrëckginn, an där se zesumme vläicht gefeiert hätten, wou se zesumme gereest wäeren, wou se vläicht hir éischt Erfarunge mat engem Frënd oder enger Frëndin gemaach hätten. Am Summer zesummen an d'Vakanz fueren, mat der Première op Lloret, e Scoutscamp, mat de Frënn op de Stau fueren, international Frëndschafte knäppen, alles dat, wat e Mënsch am jonken Alter, wat e Mënsch a senger Jugend präägt, dat ass zu engem groussen Deel verluer gaangen, ouni Chance, fir déi verpassten Zäit nach emol kënnen nozehuelen.

Eng Gesellschaft, déi sech net uerdentlech ëm hir jonk Leit bekëmmert, eng Gesellschaft, déi sech net uerdentlech ëm hir eeler Leit bekëmmert, ass eng Gesellschaft, déi net richteg fonctionéiert. Dat ass ganz einfach « la loi du plus fort », an dogéint mussen mer eis mat alle Mëttele wieren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Kolleginnen a Kollegen, déi Beschäftegt aus dem Fleege- a Gesondheetssektor fuere scho säit längerer Zäit op der Felg an den Handel spiert enorm Aboussen. De Staat iwwerdeems mécht wierklech grouss Efforten, fir dass d'Allgemengheet ouni gréissere Schued duerch dës sanitär Kris kennt. A souguer an engem No-Covid-Zenario weess nach keen anzuschätzen, wat de Long-Covid nach fir Auswierkunge wäert hunn, net ze schwätze vun den Auswierkungen op déi mental Gesondheet vun de Leit dobaussen an op d'Zesummeliwien an de Familljen.

Mir sinn op engem decisive Punkt vun der Covid-pandemie ukomm. Mir erliewen een Agent, wou wichteg a weegweisend Decisiounen gemaach mussen ginn, fir den Exit, also déi ominéisen Luucht um Enn vum Tunnel, unzesteieren. Dat ass wuel eng global Zilsetzung, mee mir kënnen op d'mannst derfir suergen, dass Lëtzebuerg d'Viraussetzungen op sengem eegenen Territoire erfüllt.

Här President, „pandemidd“, dat ass e Wuert, dat een ëmmer méi oft héiert an dat och wuel all Mënsch noempfanen kann. Jo, mir sinn e midd. Mir si midd, eis Fräiheete mussen anzeschränken, mir si midd, op Evenementer, op Vakanze mussen ze verzichten. Mir si midd zanter iwwer 700 Deeg, dass eis Gedanke sech quasi permanent ëm dee Virus dréien. Kuerz gesot, mir hunn alleguerten déck d'Flemm mat deem Covid-19!

Wéi war dat scho méi, wéi een aus dem Haus konnt goen, ouni mussen drun ze denken, dass een eng Mask misst bei sech droen? An all déi Kéieren, kann ech mech erënneren, wou ech erëm zrëck eragelaf sinn, eng sichen! Wéi war dat scho méi, fir an e Restaurant ze goen, ouni CovidCheck oder ouni



virtdrun e Schnelltest müssen ze maachen? Wéi war dat scho méi, wann déi gréisste Suerg, déi ee sech gemaach huet, wann ee gereest ass, war, matzäit do ze sinn, fir den Zuch an de Fliger net ze verpassen?

D'Normalitéit ass zënter zwee Joer net méi ginn. An am drëtten Joer mussen mer alles dru setzen, fir zesummen de Wee an d'Normalitéit zrückzefannen. A fir dat Zil ze erreechen, si mir och bereet, e Mëttel ze consideréieren, vun deem mer gehofft haten, et ni missen ze benotzen. Mir sinn elo un engem Punkt ukomm, wou een eng Impfflicht net méi kategoresch ausschléisse kann. A wéi schonn esou oft an de leschte Méint, muss ech als Liberalen eng Mesure an d'A faassen, déi mer soss mat Sécherheet ni an de Sënn komm wär. Eng weider Mesure, déi d'Fräiheet vum Einzelnen aschränkt, well et dee leschte Wee ass, dee mer aschloe kënnen, fir dass jiddereen nees an de Genoss vun all senger Fräiheete kënnt. Et gëtt keng Fräiheet ouni Verantwortung a mir si bereet, dës Verantwortung ze iwwerhuelen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Firwat si mer op dësem Punkt ukomm, wou mer elo sinn? Esou wéi schonn 2020 hunn d'Zuelen am leschte Joer am Hierscht an am Wanter ganz ferm ugezunn. Geännert huet sech d'Situatioun mam Optauche vun der Omikron-Variant. Dës Mutatioun vum Coronavirus ass vill méi ustiechend wéi d'Delta-Variant a si ass och elo dominant bei eis hei am Land.

D'Infektiounen schreiwen hei am Land, wéi och an allegueren deenen anere Länner, leider Rekordzuelen. D'Zuele sinn effektiv esou héich, dass mir se net ignoréieren dierfen, och wa se bis elo zum Gléck nach keen esou e groussen Impakt op d'Hospitalisatiounen haten. Mee eleng d'Mass un de Leit, déi sech ustécht, kann dozou féieren, dass sech d'Spideeler fréier oder spéider mat ze ville Patiente fëllen.

An obwuel sech an Tëschenzäit ronn 80 % vun de Bierger iwwer zweielef Joer géint de Coronavirus geimpft hunn - wat a mengen Ae ganz kloer weist, dass déi Impfcampagnen e weesentlechen Impakt haten -, geet dësen Taux nach net duer. An éierlech gesot, mir kënnen eis net vu Well zu Well weider-schleefen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Et ass wichteg, dass mer d'Diskussioun elo féieren an net ze laang zécken, fir Decisiounen ze huelen, fir nach en Afloss op de weidere Verlaf vun den Infektiounen ze hunn, an dat virun allem am Hibleck op den nächsten Hierscht an op den nächste Wanter.

Et ass keng einfach Diskussioun, an dat dierf se och net sinn. Esou wéi mer während der Pandemie eng ganz Rei schwierig Decisiounen geholl hunn - ech denken un den État de crise, ech denken un de Lockdown, ech denken un d'Ausgangsspär, déi sanitär Mesuren, de CovidCheck -, esou ass dat heiten och eng Decisioun, déi keen heibanne wäert op déi liicht Schëller huelen.

Eng Impfflicht muss ee wëssenschaftlech begrënnen. Eng Impfflicht muss en Notzen hunn. Eng Impfflicht muss zu all Moment noutwendeg a verhältnisméisseg sinn!

Op Initiativ vum Premier Xavier Bettel huet d'Regierung d'fir en onofhängege Grupp vun Experten domadder beoptraagt, en Avis ze formuléieren, ob eng Impfflicht opgrond vu wëssenschaftlechen Donnéeën an och no der medezinnescher Aschätzung an der aktueller Situatioun verhältnisméisseg a begrënt ass.

Am Numm vu menger Fraktioun wëll ech den Experte Merci soen. Si hunn a kuerzer Zäit e fondéierten Avis ofginn. Dat war sécherlech net einfach, mee erlaabt eis awer haut, eng wëssenschaftlech Upak ze hunn, zemools well Lëtzebuerg jo awer eng ganz Rei vu Spezifitéiten huet.

Hir Äntwert ass glaskloer: Well weiderhin dee Risk besteet, dass d'Spideeler iwwerbelaacht kéinte ginn an d'Gesondheitspersonal och no zwee Joer nach ëmmer enger ganz héijer Belaaschtung ausgesat ass, recommandéiert den Expertegrupp d'Aféierung vun enger Impfflicht.

Si proposéieren zwar keng allgemeng Impfflicht, mee eng sektoriell Impfflicht, éischters fir d'Leit aus dem Gesondheitssektor an och fir all déi Leit, déi mat vulnerabele Leit a Kontakt kommen op der Aarbecht. Dozou gehéiert och d'Botzpersonal, zum Beispill an engem Altersheim. D'Experte schwätzen an dësem Fall vun enger indirekter Protektioun an et geet ëm d'Erschafe vun engem Cordon sanitaire ronderëm eis krank Leit, ronderëm eis al Leit a ronderëm eis vulnerabel Leit.

An zweetens schwätze si sech aus fir eng Impfflicht fir all Persoun iwwer 50 Joer. Dës Alterslimit begrënn se domadder, dass ab 50 de Risiko vun enger schwéieriger Coviderkrankung däitlech erhéicht gëtt, einfach do-wéinst, well sech am Alter och d'gesondheetlech Problemer heefen, sief dat Iwwergewicht, Diabetes, Häreerproblemer oder Kreeslafproblemer. Vun deenen 931 Doudesaffer op den 12. Januar gezielt, waren 98,5 % iwwer 50 Joer.

Hei am Land gouf et also nëmme ganz wéineg Doudesfäll ënner 50 Joer. A wann een d'Hospitalisatiounen kuckt, da gesäit een, dass bal 75 % vun de Better an de Soins normaux vu Leit iwwer 50 Joer beluecht sinn, an op den Intensivstatiounen sinn et souguer 80 %.

Wier jiddereen an dëser Alterskategorie geimpft gewiescht, dann hätt dat mat Sécherheet e positiven Impakt op d'Spideeler an op de weidere Verlaf vun der Pandemie gehat.

An der Diskussioun ëm d'Impfflicht gouf d'Fro opgeworf, ob eng sektoriell oder altersspezifesch Impfflicht net Gefor géif lafen, zu enger Stigmatisatioun vun de betraffene Gruppen ze féieren. Et wier jo dann esou, wéi wann dës Gruppe Schold dru wären, dass d'Pandemie nach net eriwuer wär an d'Responsabilitéit duerfir eleng bei hinne géif leien. Den Dokter Müller huet et a mengen Aen awer ganz richtig formuléiert, dass eng sektoriell oder eng altersbezunnen Impfflicht keng Stigmatisatioun wär. Eng Impfung ass ni eng Stigmatisatioun, mee ëmmer en Zeeche vu Solidaritéit, vu Respekt, vu Responsabilitéit, vun Empathie an och vu sengem Wëllen, fir seng Gesondheet an och d'Gesondheet vu senger Matbierger ze schützen.

Donieft ass et och eng Fro, ob eng Impfung an deene Beräicher, déi ech elo genannt hunn - ech denken un de Gesondheitsberäich an awer och un de Fleegeberäich -, net awer och eng deontologesch an eng moralesch Verflüchtung géigeniwwer vun de Patiente respektiv vun deenen eelere Leit, mat deenen ee schafft, ass.

Wann all déi Vulnerabel an alleguer déi Leit, déi mat Vulnerabelen a Kontakt sinn, geimpft wieren - dozou zielt och de Booster, deen awer géint den Omikron onbedéngt soll an den Asaz kommen -, da kéint de gréissten Drock op eise Gesondheitssektor verhénnert ginn. An mat deem Wee kéime mer der Normalitéit erëm e bësse méi no.

Här President, 40 % vun de Leit iwwer 50 Joer hunn hire Booster nach net kritt. An an der Alterskategorie

iwwer 50 Joer, mir hunn et virtdrun héieren, si ronn 35.000 Leit, déi nach guer keng Impfung kritt hunn. Dowéinst mussen mer déi Alterskategorie cibléiert weider informéieren, weider sensibiliséieren a weider iwwerzeegen, dass d'Impfung sécher a wirksam ass.

Dat soll natierlech op kee Fall heeschen, dass déi Leit ënner 50 Joer sech net méi sollen, sech net méi müssen impfe loossen. Nee, och weiderhi muss all Einzelne säin Deel dozou bäidroen, solidaresch bleiwen a sech onbedéngt impfen a boostere loossen, well all eenzel Impfung ass wichteg, all eenzel Impfung zielt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Impfung schützt virun engem schwéiere Krankheitsverlaf. An eleng dowéinst, eleng wéinst der Impfung, explo-déieren d'Hospitalisatiounen bis elo gottseidank net. D'Effikassitéit läit ee Mount no der zweeter Dosis bei iwwer 90 % an allen Alterskategorien. De Booster hëlleft zousätzlech, d'Effikassitéit oprechtzeerhalen. An et gouf keen Doudegen ënner 70 Joer, deen e Schéma vaccinal complet hat. Et ass ganz kloer, et ass de Vaccinen ze verdanken, dass mir dës Wanter bis elo verhältnisméisseg wéineg Patiente wéinst dem Covid am Spidol leien hunn.

Mee wann awer weiderhin all Dag 1.000 oder méi Leit sech ustiechen, kënnen mer da garantéieren, dass dat net awer iergendwann wäert de Fall sinn? An och de Long-Covid dierfe mer bei eisen Iwwerleeungen op kee Fall ausser Uecht loossen. Bei den anere Variante si Long-Covid-Symptomer no engem bis dräi Méint opgetaucht a hu bei bis zu 40 % vun den Infizéierte Konsequenze mat sech bruecht.

Den Impakt vum Omikron ass nach onkloer, mee och hei ass et d'Mass, déi et mécht. Wa vill Leit sech ustiechen, klëmmt och de Risiko, dass mer herno vill Long-Covid-Patienten hunn a mat deem Long-Covid - gleeft mer es, ech hu mat Leit geschwat, deene geet et wierklech, wierklech net gutt - ass net ze spaassen.

An der Diskussioun ëm eng Impfflicht gëllt et, verschidden Aspekter ze beuechten, fir eng informéiert a gerechtfertegt Decisioun huelen ze kënnen. Jo, et geet ëm d'Gesondheet vun all Einzelnen, mee eleng zum Zweck vum Selbstschutz kann eng Impfflicht net agefouert ginn.

An enger Pandemie geet et och ëm d'Gesondheet vun der gesamter Gesellschaft an dodrëm, d'Gesondheitsversuergung fir all d'Bierger oprechtzeerhalen. Et ass och de Fremdschutz, deen zielt.

Mir all droen eng Responsabilitéit, een deen aneren ze schützen an ee fir deen anere Responsabilitéit ze iwwerhuelen.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Eng Reegelung vun enger Impfflicht muss och am Kontext mat anere Rechter gekuckt ginn, mat de Grondrechter, sief dat déi absolutt, déi relativ, déi kollektiv oder déi individuell. Et muss gekuckt ginn, an dat gëtt och gemaach, dass d'Decisiounen, déi geholl ginn, proportional sinn zu der Situatioun an an engem gesonden Equilibre stinn.

E Gesetz kann agefouert ginn, wann et net géint fundamental Rechter verstéisst an absolutt néideg ass, fir e legitime Zil ze erreechen. An dat hu mir och gemaach. Wéi uganks scho gesot, hu mer an de leschten zwee Joer vill Mesur geholl, vill Mesuren a Kaf geholl a getraff, fir dës Kris gemeinsam ze iwwerstoën, dorënner de Lockdown, d'Ausgangsspären an de CovidCheck. All dës Mesuren hunn eis iwwer Waasser gehalen, mee mir hunn awer nach ëmmer kee Buedem ënnert de Féiss.

Déi national Eethikkommissioun grad wéi de Collège médical hunn drun erënnert, dass d'Recht op



Gesondheet an d'Recht op Liewen iwwert dem Recht, kierperlech net beanträchtegt ze ginn, steet.

Jo, den Europäesche Gerichtshaff fir Mënscherechter gesäit am Gesetz zu enger Impfflicht en Agrëff an dem Mënsch seng kierperlech Integrität an op säi Recht op Privatliwien. Mee, an do si mer beim Artikel 8, deen d'Madamm Justizminister virdrun och zitëiert huet, vun der Europäescher Mënscherechtskommission, an deen huet en zweete Punkt.

An den Artikel 8, Punkt 2 beseet, dass esou en Agrëff justifiéiert ass, wann et eng Mesure ass, déi an enger demokratescher Gesellschaft déi national a gesellschaftlech Sécherheet, dat wirtschaftlecht Wuelbefanne vum Land, d'Protektioun vun deenen aneren hire Rechter a Fräiheeten an, am allerwichtigsten, dem Bierger seng Gesondheet schützt. An dat ass an dëser Pandemie ganz kloer de Fall.

Den Europäesche Gerichtshaff huet rezent en Urteel gesprach, dass hei e gemeinsame Besoin existéiert an dass eng Impfflicht proportional zum ultimativen Zil hei och gerechtfertigt ass.

An eist Zil ass et, net manner wéi all eenzelne Bierger an eise Gesondheetssystem ze schützen a finalement - a finalement! - de Wee aus där Pandemie eraus ze fannen.

Jo, Eenzelner heibanne wäerte vläicht herno soen: „Jo, bei deem Urteel geet et awer net ëm de Covid!“ Fir dass net gesot ka ginn, mir géifen dës Informatiounen aus dem Kontext rëssen: Jo, an dësem Urteel goug et ëm e Vaccin, deen et scho méi laang gëtt, mee ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR) | Ganz richtig!**

**M. Gilles Baum (DP) | ...** de Vaccin, deen elo agesat gëtt, huet sech bewäert, vläicht nach net esou laang, well d'Pandemie nach net esou laang ass, mee de Vaccin huet sech bewäert an d'Konditiounen sinn domadder erfëllt.

Nieft dem juristesche Volet gëtt et natierlech och de moralesche Volet. Den Nationalen Eethikrot huet a sengem Avis vum 17. Januar nuancéiert Iwwerleeungen zum Froekatalog vun der Regierung formuléiert. Well d'Pandemie nach ëmmer amgaangen ass a well et drëm geet, dass jiddwereen a jiddwerengem seng Fräiheete garantéiert ginn, huet den Nationalen Eethikrot sech fir eng generell Impfflicht fir erwuesse Residenten a Frontalieren ausgeschwat. Andeems den Eethikrot sech géint Diskriminatiounen baséierend op Secteur, Alter, Wunnsätz, Nationalitéit ausschwätzt, versicht en, dës Pflicht ze vereinfachen a keng weider Opdeelungen anzeféieren.

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

**M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Éi!**

**M. Gilles Baum (DP) |** Den Eethikrot gesäit et also als Pflicht vun all Bierger, säin Deel dozou bäizedroen, fir seng Gesondheet an déi vun deenen aneren dank enger Impfung ze erhalen. An dës Consideratioun sollte mir alleguerten haut mat op de Wee huelen.

Här President, d'Aféierung an d'Diskussiounen iwwert d'Aféierung vun enger Impfflicht sinn net nëmmen hei zu Lëtzebuerg an de Mëttelpunkt vum politeschen Debat geréckelt. Et ass eng Diskussioun, déi och am Ausland gefouert gëtt, a plazeweis ass d'Impfflicht och schonn zu enger Realitéit ginn. Dozou gehéieren zwee vun eisen Nopeschlänner, d'Belsch a Frankräich, déi grad ewéi véier aner Länner eng sektoriell Impfflicht fir de Gesondheits- an de Flegesecteur agefouert hunn.

Italien a Griicheland sinn op de Wee vun enger sektorieller Impfflicht gaangen an awer och vun enger

altersbezunnener Impfflicht. An ech dierf meng Kolleegin Josée Lorsché hei zitëieren: A Griicheland ass säit dem 1. Januar och eng Sanktioun, dat heescht, do bezillt een Ongeimpfte pro Mount 100 Euro. An anscheinend hätte sech säit dem 1. Januar a Griicheland iwwer 200.000 Leit impfe gelooss. Och dat kann en Effet hunn.

Josée, wann ech et elo falsch gesot hunn, du wäers et dann hannendrun nach eng Kéier widderhuelen.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng) |** Ech wäert dat och soen.

**M. Gilles Baum (DP) |** Tipptopp! Éisträich ass nach e Schrëtt méi wäit gaangen. Do wäert ab dem 1. Februar eng allgemeng Impfflicht gëllen.

Dir gesitt, mir stinn also mat den Diskussiounen a mat dëser Fro net eleng do. Néierens waren d'Diskussiounen einfach. An och mir mussen eis haut heibannen déif an d'A kucken an eng kloer Positioun zu deem Sujet anhuelen.

Här President, mir hunn eis als DP-Fraktioun d'Entscheidung net einfach gemaach. Esou eng Decisioun hëlt een net liichtfankeg, duerfir steet ze vill um Spill. Ech hunn an de leschten Deeg vill an oft mat menge Fraktiounskollege geschwat, Argumenter ausgetosch an ofgewien. Leschte Sonnden hu mer op Initiativ vun eiser Parteipresidentin Corinne Cahen och nach eng Kéier eis parteiintern Gremie consultéiert.

Mir sinn eis eens: D'DP-Fraktioun wëllt op d'Stëmm vun der Wëssenschaft lauschten an den Avis vum onofhängegen Expertegrupp suivéieren. D'Recommendatiounen sinn an eisen Ae fundéiert, indiquéiert a verhältnisméisseg. Dat trifft souwuel fir eng altersbezunnen Impfflicht ab 50 Joer zou wéi och op déi sektoriell Impfflicht am Gesondheits- a Fleegeberäich. Mir deelen hei den Argumentaire vun den Experten.

Mir als DP-Fraktioun, mir wëllen op jidde Fall verhënnern, dass eist Gesellschaftsliewen an Zukunft nees muss zrëckgeschrafft ginn oder dass eis Spideeler un hir Limite stoussen. Ons ass déi cibléiert a wëssenschaftlech begrënneten Impfflicht léiwer, wéi dass mer bei där nächster Well nees jiddwerengem nei Restriktiounen mussen operleeën.

Exceptiounen, dat ass eis ganz wichteg. Och wa mer fir eng Impfflicht sinn, dierfe mer net vergiessen, dass et Leit gëtt, déi sech gäre géifen impfe loossen, mee berechtegt Grënn hunn, fir dat net ze maachen. Der DP-Fraktioun ass et vu grousser Wichtigkeet, dass d'Leit mat medezinnesche Kontraindikatiounen respektiv Leit, déi bei enger éischter Dosis ganz staark Niewewirkungen haten, net der Impfflicht ënnerleien.

Mir maachen en Appell un d'Regierung, fir derfir ze suergen, dass all déi Leit erfaasst ginn an dëser Obligatioun net ënnerworf sinn.

Exceptiounen zur Impfflicht si fir eis onëmgängelech. Mir sinn eis awer och bewusst, dass et duerch d'Virgesi vun Exceptiounen an anere Fäll kéint zu Certificats de complaisance kommen. Dat wëlle mir op kee Fall! Mir hunn awer ganz grousst Vertrauen an eis Dokteren, dass et net esou wäit komme wäert. A wann awer Fäll sollten optauchen, bei deenen evidenteweis gefuddelt ginn ass, da soe mir ganz kloer, dass dës Leit sollen eng zolidd Geldstrof kréien.

**Une voix |** Très bien!

**M. Gilles Baum (DP) |** Här President, esou wäit zum Prinzip an där graffer Ausrichtung, wéi mir eis déi Impfflicht virstellen. Ech fueren elo mat deenen eenzelne Modalitéite weider.

Mir proposéieren, dass bei der Impfflicht mat enger Loi autonome, mat engem eegene Gesetz legiferéiert gëtt. Dat ass eng kloer Demande vun eiser Säit, fir d'Impfflicht iwwer en eenzelt Gesetz ze stëmmen a soumat net an d'Covidgesetz matanzubauen. Dat ass eng wichteg Viraussetzung, fir dass d'Chamber d'Gesetz esou einfach wéi méiglech an och zu all Moment ofännere kann, notament dann, wann et drëms geet, fir d'Verhältnisméissegkeet oder d'Noutwendegkeet vum Gesetz ze garantéieren.

Dës béid Krittäre vun der Verhältnisméissegkeet an och vun der Necessitéit sinn der DP-Fraktioun immens wichteg. Dat betrëfft souwuel d'Dauer vun der Impfflicht wéi och, wien eigentlech dorënner fält. Wat d'Dauer ugeet, géife mer de Recommendatiounen vum Expertegrupp nokommen an déi initial Dauer vun zwee Joer fir d'Impfflicht virgesinn. Et ass wichteg, dass d'Leit och en Enn um Horizont gesinn. A mir géifen da mat op de Wee goen, fir ze soen, dass mer dat Gesetz géife lafe loosse bis de Juni 2024.

Mir sinn, mengen ech, alleguerten optimistesches heibannen, dass mer déi Kris iergendwann eng Kéier hannerun eis kréien. Eng determinéiert Dauer vun zwee an engem hallwe Joer schéngt eis do rasonabel. A wa mer de Virus éischter lass wieren, tant mieux, ëmsou besser, da kënne mer dat Gesetz ofschafen.

Wa mer heibannen e Konsens sollte fannen, fir déi cibléiert Impfflicht anzeféieren, musse mer trotzdeem an engem gewëssene Mooss flexibel bleiwen, wat de legale Kader ugeet, well de Virus huet eis schonn dacks iwwerrascht.

Sollt sech zum Beispill erausstellen, dass eng zukünftige Variant - ech nenne se elo emol einfach Ypsilon - méi geféierlech sollt si fir méi jonk Altersgruppen, da musse mer bereet sinn, eventuell d'Alterslimit op 40, op 30 oder vläicht souguer op 18 Joer erofzeschrauwen. Dat muss eis an deem Fall d'Wëssenschaft soen, a Flexibilitéit ass hei gefrot. A mir wäeren och bereet, dann an deem Fall op dee Wee ze goen.

Zu de Vaccinen: Esou wéi den Expertegrupp et recommendéiert, proposéiere mer d'Impfflicht als erfëllt unzegesinn, wann den initiale Schéma vaccinal - eng Impfung bei Johnson oder zwou bei deenen anere plus de Booster - erfëllt ass. D'Bienfaite vum Booster, ech mengen, déi stinn ausser Fro, d'Zuele vun den Hospitalisatiounen beleeën dat kloer an daitlech.

Fir dass d'Impfungen esou schnell wéi méiglech stattfannen, wëlle mir als DP-Fraktioun d'Leit net etapeweis nom Alter oder no der Vulnerabilitéit invitéieren. Mir dierfe keng wäertvoll Zäit verléieren. Jiddwereen, dee vun der Impfflicht beträff ass, soll gläichzäiteg bei der Aféierung vun der Impfflicht invitéiert ginn.

Mir verstinn och, dass verschidde Leit vläicht Präferenz fir deen een oder aneren Impfstoff kënnen hunn. Dowéinst plädéiert d'DP-Fraktioun derfir, dass mir de Leit entgéintkommen an hinne d'Méiglechkeet ginn, fir sech den Impfstoff erauszuseichen, natierlech esou wäit däärs disponibel ass an esou wäit es do ass.

Här President, ech kommen zu de Sanktiounen. Fir eis steet och fest, dass eng Impfflicht nëmmen dann iwwerhaupt Sënn mécht, éischters, wann et Strofe gëtt an zweetens, wann dës Sanktiounen och applizéiert ginn, well si mussen e Lenkungseffekt hunn.

An ech wëll mech elo net gären hei an eng Diskussioun aloossen iwwer e gewëssene Montant, mee mir sinn do ganz, ganz diskussionsbereit.

De Wee, iwwer administrativ Strofen ze fueren, schéngt eis bei der Ëmsetzung am einfachsten ze sinn, a mir loossen domadder dee ganze penale Volet an alles, wat dozougehéiert, ganz op der Säit.



Am Froekatalog ass och gefrot ginn, ob déi Strof soll repetitiv sinn oder ob se soll eemoleg sinn. An eisen Ae kann ee fir déi zwou Pisten argumentéieren. Allerdéngs hânt et fir eis dovun of, wéi héich d'Stof effektiv ugesat ass. Et mécht kee Sënn, eng eemoleg Strof anzeféieren, wann de Montant esou déif ass, dass ee sech souzese fräikafe kann. Dat géif absolutt kee Sënn maachen an domadder géife mer och riskéieren, d'Zil absolutt ze verfeelen.

Entweeder et féiert een eng repetitiv kleng Amende an oder eng eemoleg, mee an deem Fall eng zolidd. Haaptsaach ass, dass mer mat dese Mesuren e Lenkungseffekt hunn.

Et kann een och driwwer diskutéieren, ab wéini d'Strofen iwwerhaapt ufalen. Sollt dat direkt mam Akraaftriede vum Gesetz sinn? Oder soll een deene Betreffenen awer nach d'Méiglechkeet ginn, sech innerhalb vum engem gewëssenen Delai impfen ze loosse? Wann een dat géif wëlle maachen, si mir der Meinung, dass déi Transitionssphas net ze laang sollt sinn, an eisen Ae maximal ee Mount.

Mir mussen den Impftaux an d'Luucht kréien, net iergendwann, mee esou séier wéi méiglech. Entweeder et léisst ee sech dann impfen oder et muss een eeben déi Sanktioun assuméieren.

Am Fall vum engem net geimpfte Resident iwwer 50 heescht dat, dass hie misst d'Amende bezuelen. Dat ass evident. D'Äntwert ass awer daitlech manner evident, wann et ëm net geimpfte Leit geet, déi am Santé- oder Flegesektor schaffen an domadder vum der sektorieller Impfpflicht betraff wieren. Dozou zielen nämlech net nëmmen d'Residenten, mee och d'Frontalieren.

Sollten des Leit bis dohinner wierklech net geimpft sinn, wat ech géif bedauern, dann dierfte se eise Verstandnis no net méi schaffe goen an dann och keng Pai méi kréien, esou wéi dat am Moment scho bei der Fonction publique applizéiert gëtt. Aner Länner si schonn op dee Wee gaangen. Dat huet awer näischt mat engem Licencement ze dinn, wëll ech ganz kloer hei ënnersträchen.

Kolleeginnen a Kollegen, ech kommen zu der Konkusioun.

Bei der Impfpflicht geet et der DP-Fraktioun och ëm Verantwortung an ëm Solidaritéit mat deenen, déi zënter zwee Joer un der éischter Front sinn am Kampf géint des Pandemie. Dat si mer hinne schëlleg. Dat ganz Gesondheets- a Fleegepersonal geet zanter Méint iwwer seng Grenzen eraus. Dat ass net selbstverständlech. Wann eng Impfpflicht dozou ka féieren, dass mer si bei den zukünfte Varianten entlaaschte kënnen, da sollt mir dat och maachen. Et ass eeben net nëmmen eng Fro vu Santé publique, wou de Staat muss seng Verantwortung iwwerhuelen, mee et ass och eng Fro vu Solidaritéit.

Mir sinn et och der grousser, dem ganz groussen Deel vum der Gesellschaft schëlleg, dee sech zanter iwwer bal zwee Joer un alles gehalten huet an zu all Moment solidaresch war. Mir dierfen hinnen net d'Gefill ginn, dass all hir Efforten ëmsoss waren.

Dass mer haut nach wäit ewech si vum der Normalitéit, schléit eis alleguerste selbstverständlech staark op d'Gemitt. Mir gesinn awer nëmmen ee Wee, fir zréckzekommen an d'Normalitéit: Den Impftaux muss weider an d'Luucht gedréckt ginn. An nëmmen, wa méi Leit sech impfe loosse, brauche mer net méi bei all Well eis Fräiheeten erëm anzëschränken. Den Zickzackkurs vu sanitäre Mesuren, déi wuelverstan absolutt berechtigt an och absolutt néideg sinn, mécht d'Leit immens midd. Mir mussen erauskommen aus deem Hin an Hier.

Mir all hate gehofft, dass mer mat der Responsabiliséierung vun all Einzelne géifen derduerchkommen. Mir hate gehofft, dass den Appell un hiert Verantwortungsbewusstsein géif duergoen, fir esou en héijen Impftaux ze erreechen, dass mer als Gesellschaft derduerchkäimen.

Mir gesinn awer elo zu diesem Moment, dass kee Wee laanscht eng méi contraignant Mesure féiert. Well och, wa mer beim Omikron mat engem bloen A dervukomm sinn, besonnesch hisichtlech d'Hospitalisatiounen, esou wësse mer awer net, wat fir enge Gefore mer kënnen ausgesat sinn an Zukunft mat eventuell méi aggressive Varianten. Et hëlleft net, et ass zwar léif, mee et hëlleft net, ze hoffen, dass mer eventuell iergendwann an eng endemesch Situatioun kommen.

D'Impfung ass deen eenzege Wee aus der Pandemie eraus. A bis zum Schluss hu mer alles ënnerholl, fir keng Impfpflicht aféieren ze mussen. Mee fir de Wee zréck an d'Normalitéit ze fannen, ass meng Fraktioun bereet, enger sektorieller an altersspezifischer Impfpflicht zouzestëmmen, dëst mat der klorer Perspektiv, fir deemnächst sanitär Mesuren endlech kënnen shannert eis ze loosse a fir endlech erëm zu méi Fräiheeten ze kommen.

Kolleeginnen a Kollegen, domat wär ech bal um Enn. Ech géif nach gären am Numm vum der grénger Partei, vum der LSAP a vum der DP eng Motioun hannerleeën, wou mer dat elo erëmhuelen, wat ech elo just gesot hunn, nämlech eng Impfpflicht anzeféieren, sektoriell an och altersbedéngt, an awer och, wat ech och gesot hunn, ze kucken, wann d'Wëssenschaft eis sollt soen, dass mer misste méi wäit goen an dass mer den Altersseuil missten erofsetzen oder vläicht op aner Secteuren ausbauen, dass mer dat onbedéngt och sollten a Betruecht zéien.

Voilà, Här President, erlaabt mer, Iech déi Motioun ze hannerleeën.

## Motion 2

### La Chambre des Députés,

- *considérant l'avis du groupe ad hoc d'experts sur l'instauration d'une obligation de vaccination contre la Covid-19, qui souligne que le but principal de la vaccination obligatoire est de protéger les services de santé, et notamment les hôpitaux pour assurer leur fonctionnement normal ;*

- *partageant la conclusion que l'introduction d'une vaccination obligatoire telle que proposée est de nature à réduire considérablement le risque pour les personnes âgées de plus de 50 ans et partageant le constat que la mise en place d'un cordon sanitaire grâce à la vaccination obligatoire des personnes œuvrant dans des structures de soins est de nature à réduire le risque de transmission envers les personnes vulnérables ;*

- *partageant l'analyse rétrospective des experts concernant l'efficacité avérée de la vaccination pour éviter les formes de maladies graves impliquant un séjour à l'hôpital, tant en soins normaux qu'en soins intensifs, ainsi que pour diminuer le risque de décès ;*

- *notant que le groupe d'experts considère la Covid-19 comme « une infection respiratoire "normale" pour les moins de 50 ans » ;*

- *notant que dans son avis, le groupe d'experts recommande d'alléger dès que possible les mesures sanitaires ;*

- *rappelant que les mesures de lutte contre les maladies graves qui apportent des restrictions à des libertés fondamentales font partie d'une matière réservée à la loi ;*

- *rappelant qu'une obligation vaccinale met plusieurs droits fondamentaux en confrontation ;*

- *soucieuse de protéger la santé de nos concitoyens ;*

- *soucieuse de garantir le principe de proportionnalité,*

invite le Gouvernement

- *à déposer dans les meilleurs délais et dans un délai ne dépassant pas les trois mois les modifications législatives nécessaires en vue de l'introduction de l'obligation vaccinale pour les personnes âgées de plus de 50 ans et pour les personnes œuvrant dans des structures hospitalières et de soins, y compris les cabinets de ville, ainsi que pour les acteurs des services de secours ;*

- *à fournir une étude qui modélise l'impact sur l'occupation des lits hospitaliers quant à une obligation vaccinale des personnes âgées de plus de 50 ans ;*

- *à fournir une étude qui modélise l'impact hospitalier pour les moins de 50 ans dans l'hypothèse d'une levée complète des mesures actuellement en place pour limiter la circulation du virus ;*

- *à fournir des chiffres fiables sur le taux de vaccination actuel auprès du personnel visé par le cordon sanitaire. À cet effet, il est demandé d'explorer les possibilités formelles et informelles de recensement anonyme de ces données ;*

- *à poursuivre ses efforts en matière d'analyse scientifique de la pandémie, notamment en vue de déterminer la nécessité d'étendre l'obligation vaccinale, le cas échéant, à d'autres secteurs ou d'autres groupes d'âge.*

(s.) Gilles Baum, André Bauler, Yves Cruchten, Marc Hansen, Joséé Lorsché.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci.

**M. Gilles Baum** (DP) | An da géif ech Iech alleguerste Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | An ech ginn elo een drénken. (Hilarité)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och dem Här Baum. An nächste Riedner ass den Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Ech géif gären ufänken, andeems ech all menge Virriedner Merci soe fir, ech géif gäre soen, déi Serenitéit an dee Seriö, mat deene mer déi Diskussioun bis elo gefouert hunn. Ech sinn och iwwerzeegt, dass d'Kollegen, déi nach no mir schwätzen, an deem selwechte Geescht hei wäerten optrieden.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Här President, Dir Damm an Härén Deputéierten, effektiv, déi Diskussioun, déi mer haut féieren iwwer eng méiglech Aféierung vun enger Impfpflicht, ass eng vun de komplizéiertsten Diskussiounen, déi mer hei an der Chamber iwwerhaapt ze féieren hunn.

Wie sech mat der Thematik e bësse beschäftegt huet, dee fënn ganz séier eraus, dass sech hei eng Rëtsch Froe stellen, déi all net esou einfach ze beäntwerte sinn, Froen, déi ganz dacks nei Froen opwerfen. Et ass duerfir keng schwaarz-wäiss Diskussioun. Et ass a mengen Aen net eng Fro vu „wien huet hei 100%eg Recht a wien net?“ A vläicht gëtt et hei och net déi eng eenzeg Äntwert!

Aus diesem Grund sinn all Meinungen, déi haut hei virgedroe ginn, ze respektéieren, well nëmmen, wann all d'Meenunge matenee konfrontéiert goufen, ka sech duerno e Konsens erausschlielen a sécherstellen, dass eis Demokratie richtig funktionéiert. Dëst Haus ass duerfir och déi richtig a menger Meinung no och déi eenzeg Plaz, op där des Diskussioun kann a muss gefouert ginn.



Ech maache gär direkt am Ufank vu menger Ried eis Positioun kloer: D'LSAP ass bereet, fir op de Wee vun enger legaler Impfflicht ze goen, wann d'Situatioun dat erfuerdert. Aus dësem Grond verlaangt d'LSAP, dass elo direkt mat der legislativer Aarbecht ugefaange gëtt, fir eng Impfflicht ze preparéieren.

Dat war elo dee méi einfachen Deel vu menger Ried.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Well, wéi ech ugangs sot, stelle sech natierlech eng ganz Rëtsch Froen. Ech brauch hei net méi vill drop anzegoen, wéi sou mir haut iwwerhaupt iwwer eng Impfflicht schwätzen. Mir si gläich am Joer III vun der Pandemie. Mir hunn es all sat vun de Mesuren, vun den Aschränkunge vun eise Fräiheeten.

Och déi, déi sech vun Ufank un ëmmer schéi brav un all Recommendatiounen an Direktive gehalen hunn, fillen dat. Nawell gi vill Leit krank. A jo, et stierwen nach ëmmer Leit un deem Virus, och bei eis am Land. Mir waren zejoert allegueren optimisteschen, dass mat dem Impfstoff elo dës Pandemie kéint iwwerwonnen ginn.

Virun engem Joer, erënnere mer eis drun, gouf gestridden hei am Land, wie fir d'éischt géif drukommen. A mir hunn eis opgereege iwwert déi, déi sech virgedréckt hunn. Den Impfstoff war knapps a jidderee wollt es kréien, esou séier wéi méiglech. Mir waren duerfir all optimisteschen, dass mer déi 70 % géifen erreechen, déi mer du gebraucht hunn, fir eng kollektiv Immunitéit géint d'Alpha-Variant opzebauen.

Zanterhier, an dat wësse mer, huet de Virus eis awer op en Neits eng gespillt an duerch Mutatiounen d'Liewen erëm méi komplizéiert gemaach. Esou soten eis d'Virologen, dass mat der Delta-Variant eng 80 % vun der Populatioun misste geimpft sinn, fir der Pandemie en Enn ze maachen. Elo zanter engem Mount heescht et bei Verschiddenen: Och dat geet net méi duer, Omikron verlaangt warscheinlech 90 % oder souguer nach méi!

Zanter dem leschten Hierscht stagnéieren eis Impftauxen. A mir hu Gesetzter gemaach, fir d'Ausbredung vum Virus ze verhënneren an déi nach net Geimpften dozou ze beweegen, sech dach nach impfen ze loosse. Vill hunn dat gemaach a maachen et och haut nach ëmmer.

Mee och all déi Efforte vun der Kommunikatioun, vu kamouden Impffofferen, all déi Appeller vu Politik, Medezinner an Experte ginn den Ament net duer, fir dee Sprong op déi 90 % ze erreechen.

Aus all dëse Grënn wüsst d'Fuerderung no méi strikte Moosnamen. D'Schéischwätze geet ville Leit net méi duer, besonnesch deenen, déi sech ëmmer un alles gehalen hunn a sech aus Solidaritéit mam Rescht vun der Gesellschaft och impfe gelooss hunn.

A Stéchwuert „Solidaritéit“: Et gëllt, nach emol drun ze erënneren, dass et an enger solidarescher Gesellschaft, an där mir liewen, net duergeet, fir vum Wohlfahrtsstaat ze profitéieren, mee dass et duerfir och eng Pflicht gëtt, jo eng Biergerpflicht, fir zu dëser Gesellschaft bäizedroen!

**Une voix** | Très bien!

**Une autre voix** | Ganz richtig!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Déi National Eethikkommissioun seet zu Recht - an ech mengen, den Här Wiseler hat se och zitéiert -: D'Solidaritéit funktionéiert net am Sens unique. Et gëtt dowéinst haut

schonn eng moralesch Obligatioun, fir sech impfen ze loosse.

Virun e puer Méint ware mer nach all hei am Haus iwwerzeegt, dass eng Impfflicht net néideg wär. Haut, mat den neie Contraintë vun Delta an elo Omikron, ass dat anescht. D'Impfflicht schéngt elo dat leschte Mëttel ze sinn, déi leschte Kartusch, déi mer nach hunn, fir d'Pandemie ze iwwerwannen.

Wéi ech d'éinescht gesot hunn, ass d'LSAP fir d'Aféiere vun enger Impfflicht deen Ament, wa se och Sënn mécht, an zwar aus folgendem Grond: Dës drastesch Moosnam ass déi éischte Kéier an dëser Pandemie, wou mer probéieren, dem Virus virus ze sinn, hien ze iwwerhuelen. Bis elo hu mer ëmmer mussen hannendrunlafen an ëmmer nëmmen op de Virus reagéieren. Mat der Impfflicht wëlle mer probéieren, deen néidege Sprong ze maachen, fir dem Virus zevirzekommen an esou d'Enn vun der Pandemie éischter ze erreechen. Véier Coronawellen hunn eis an de leschten zwee Joer erwëscht, déi fënneft wëlle mer duerfir scho brächen, ier se sech nees zu enger Mauer optiermt.

Fir eng Impfflicht kënnen anzeféieren, mussen awer eng Partie Saache consideréiert ginn. An déi hu mer consideréiert, ier mer eis Positioun definéiert hunn.

Dat ass éischstens: D'Impfflicht brauch e legitim Zil. Dëst Zil kann nëmme sinn, de Gesondheetssektor virun enger Iwwerlaaschtung ze schützen, andeems esou vill wéi méiglech Leit geimpft sinn. Dëst ass och dat, wat de Grupp vun Experten a sengem Avis als éischt Zil uginnt huet, een Avis, deen op dësem Punkt op d'mannst ganz kloer an eendeiteg ass. Duerfir géif ech dem Expertegrupp och villmools Merci soen.

Aner Aspekter ginn an deem Avis awer komplett ausgelosst. Zum Beispill gëtt quasi guer net iwwert de Long-Covid geschwat. Am Resümee proposéieren d'Experten eis, eng Impfflicht fir Leit ab 50 anzeféieren, well si dee gréisste Risiko droen, bei enger Infektioun mussen am Spidol oder souguer op der Intensivstation behandelt ze ginn. D'Experten hunn dat mat Fakten a mat Zuele beluecht. An dëst mécht Sënn, wann eist Zil dat ass, wat ech virdu scho gesot hunn, nämlech eis Spideeler net ze iwwerlaaschten.

Zweetens, an dat ass warscheinlech dat Komplizéiertst: D'Impfflicht muss verhältnisméisseg sinn. Mat der Aféierung vun enger Impfflicht stoussen eng ganz Partie Grundrechte a Prinzipien openeen, zum Beispill d'Recht op d'Gesondheet vun der Allgemengheet, d'Recht op Bildung, d'Recht drop, enger Aarbecht oder enger Beschäftegung nozagoen, awer och d'fräi Bestëmmung iwwer säin eegent Liewen, d'Recht op physisch Integritéit oder nach d'Liberté thérapeutique. Dat schreift och de Wëssenschaftlechen Déngscht vum Däitsche Bundestag a sengem Avis vum 22. Dezember, en Avis, deen ech jiddwerengem ka recommendéieren ze liesen. Do schreift de Service vum Bundestag, an elo probéieren ech op Däitsch: „Die Rechtfertigung des in einer allgemeinen Impfpflicht liegenden Eingriffs in das Grundrecht auf körperliche Unversehrtheit hängt von dessen Verhältnismäßigkeit, insbesondere seiner Angemessenheit bzw. Zumutbarkeit ab. Die entsprechende Prüfung setzt eine Abwägung zwischen dem von einer Impfpflicht zu erwartenden Nutzen für das Gemeinwohl mit der durch sie zu erwartenden Belastung der impfpflichtigen Grundrechtsträger voraus; die Belastung muss noch in einem vernünftigen Verhältnis zum Nutzen stehen.“

**Une voix** | Sehr gut!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | „Bei der Abwägung kommt dem Gesetzgeber ein Einschätzungs- und Prognosespielraum zu, zumal die zugrundeliegende Gesamtsituation einer dynamischen Entwicklung

unterliegt. Die entsprechende Prüfung hat daher stets die aktuellen, sich möglicherweise wandelnden Erkenntnisse zu berücksichtigen, unter anderem zum Infektionsgeschehen, zur freiwilligen Impfbereitschaft sowie zu der Wirksamkeit, den Nebenwirkungen und Langzeitfolgen von Impfungen.“

Dat heescht och, wann eng Impfflicht soll kommen, ob se fir jidderee gëllt oder sech u gewëssen Zilgruppe rëicht, dass de Legislature muss all Donnéeën an Erkenntnisser hunn, fir d'Verhältnisméissegkeet kënnen ze präiwen. Dat setzt viraus, dass mer, ier mer eng definitiv Decisioun huelen, also d'Gesetz stëmmen, déi néideg Informatiounen hunn, dat néidegt Zulemateral, déi dës Decisiounen rechtfertegen an esou d'Verhältnisméissegkeet dokumentéieren.

Zu deenen Informatiounen, déi eis haut awer nach feelen, gehéieren eng réckbléckend Analys iwwert de geneeën Notze vun der Impfung, de vergaangenen Impakt op eis Spideeler, den Taux de létalité, Statistiken iwwer Risikogruppen.

Mee och no vir kucke mussen mer, wa mer d'Verhältnisméissegkeet wëlle präiwen. Esou misste mer bei der Impfflicht fir déi iwwer 50-järeg den Impakt op d'Spideeler modelliséieren. Awer och d'Modelliséierung vum Impakt bei deenen ënner 50-järeg misst gemaach ginn, well net just den Alter ass e Facteur, wann och dee bedeiendsten, mee och méi jonk Leit kënnen duerchaus Komplikatoune kréien duerch de Virus. Wien ass dat? Zu wéi vill sinn déi?

Et wonnert mech an deem Kader och, dass d'Experten an hirem Avis guer net vum Long-Covid schwätzen, vun deem Jonk an Al betraff sinn.

D'Regierung huet jo do eng Etüd lafen. An do wär et gutt, en Tëschebilan ze kréien, fir kënnen ofzeschätzen, wien do am meeschte betraff ass.

Den Expertegrupp schléit och vir, dass dee sougenannte Cordon sanitaire ronderëm d'Spideeler an d'Fleegedéngschter soll verstärkt ginn, andeems d'Impfflicht op d'Personal vun deene Servicer an Aariichtungen ausgeweit gëtt. Mir gesinn do d'Wichtigkeet vun där Propos. Grad hei hu mer awer guer keng belaauschtbar Zuelen. Wéi sinn dann d'Impftauxen an de Spideeler, an den Alters- an an de Fleegeheimer? Et héiert een Eenzelner soen, bei hinne wieren iwwer 95 % geimpft, bei aneren héiert een awer guer näischt.

Fir och hei d'Verhältnisméissegkeet ze präiwen, soll dësen Impftaux ermëttelt ginn. A wann et duerfir eng nei gesetzlech Basis brauch, da mussen mer eis déi eebe ginn. Oder et kéint een iwwer anonymiséiert Ëmfroen am Secteur gewuer ginn, wéi den Impftaux ass. Dat schéngt mer souguer eventuell méi séier ze goen.

Dës Donnéeë sinn ëmsou méi wichteg, well, wéi déi National Eethikkommissioun an hirem Avis zu Recht seet, wär et nëmme logesch, an déi selwecht Argumenter géife gëllen, dass och aner vulnerabel Persounen mat manner wéi 50 Joer ënnert d'Impfflicht fale géifen.

D'Eethikkommissioun mécht hei nach op eng aner Gefor opmierksam, nämlech dass eng Impfflicht, déi sech op Leit iwwer 50 limitéiert, kéint dozou féieren, dass all déi aner Leit d'Impressioun krite, dass si jo net concernéiert wäeren vun der Pandemie an et dowéinst zu engem sougenannte „relâchement“ kéim. Hei kéim dann och déi pertinent Fro, déi de Claude Wiseler virdu erwänt huet, déi den Alex Bodry a sengem Artikel geschriwwen huet, iwwert de Prinzip vun der Netdiskriminierung an d'Spill.

Iwwregens freet d'COPAS sech, ob an där ganzer Logik nieft dem Personal net och all Visiteur misst



geimpft sinn. Och sinn den Ament drastesch Mesuren a Kraaft, déi drop hinzen, méiglechst vill Leit zu enger Impfung ze beweegen.

Mir hunn den 2G an der Fräizäit, an der Kultur, am Sport, am Restaurant, am Café. Mir hunn eréischt zanter leschte Samschden den 3G op der Aarbecht agefouert. Dës Mesurë wäerten och en Impakt hunn op d'Impfbereitschaft. Mir gesi jo elo schonn, dass d'Zuele vun Éischtimpfungen zanter der Aféierung an d'Luucht gaange sinn.

Mir versprechen eis och vum 3G op der Schaff, dass den Impftaux nach emol klëmmt. Och dës Informatiounen gi gebraucht, fir d'Verhältnisméissegkeet vun der Impfflicht ze evaluéieren.

Ier mer also iwwer en definitiven Text ofstëmme, sollten all dës Informatiounen gesammelt ginn. Den 3G op der Schaff soll duerfir beschtefalls bis Mëtt Februar, also an den nächsten dräi, véier Wochen evaluéiert ginn. Hei soll ee soen, dass d'Impfflicht kee Wonnerméttel ass, mee eng Moosnam ënner villen.

Och d'Uni Lëtzebuerg betount an hirem Avis juridique, dass eng Impfflicht en néidegt Méttel ass, mee zäitgläich net wäert duergoen, fir d'Pandemie ganz op en Enn ze bréngen. Wa se awer gräift, kënnen aner Moosnamen graduell zréckgefuer ginn.

Dat Ganzt ass also e „give and take“. Mir huelen deenen engen e klenge Stéck vun hirem perséinlechen Fräiheet, fir villen aneren e groussen Deel vun hirem Fräiheet zréckzeginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Zu de Froe gehéiert och, wat fir een Impakt déi nei Generatiounen vun Impfstoffen wäerten hunn, déi elo geschwénn deployéiert ginn an déi besser sollen op déi nei Varianten uschloen. Wat heescht dat fir d'Verhältnisméissegkeet, wann nieft dem Impfstoff an den nächste Wochen och Medikamenter an den Asaz kommen, déi e schwéiere Verlaf respektiv den Doud verhënnere kënnen? Wat fir en Impakt erwaarde mer eis vun deem neien Impfstoff, deem no méi kllassesche Methoden entwéckelt gouf a wou ee kann unhuelen, dass eng Partie Leit eigentlech dorops gewaart hunn, well se vun den aktuell gebrauchten Impfstoffen veronéiert sinn?

Am Resümee: Mir fuerderen d'Regierung op, elo schonns un de legalen Texter ze schaffen, parallel sollten awer nieft deene villen Avisen, déi bei esou engem Gesetz erageholl ginn, och déi Froe beäntwert ginn, déi ech hei erwänt hunn an déi d'Verhältnisméissegkeet kläre kënnen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Nëmme wa mer hei ganz kloer a prezis sinn, kann eng Impfflicht och déi néideg Akzeptanz an der Populatioun kréien an op feste juristeschen a konstitutionelle Féiss stoen.

D'Fro ass och, wéi vill Leit eng Impfflicht um Enn wierklech dozou bréngt, sech impfen ze loossen an ob sech hei d'Fronten net souguer kéinte verhäerten.

Wéi soll an eisen Aen esou eng Impfflicht konkret ausgesinn? An domadder probéieren ech, eng Partie Äntwerten ze ginn op der Regierung hire Froekatalog.

Wéini eng Impfflicht kéint a Kraaft trieden, do ass d'Äntwert och kloer: esou séier wéi méiglech. Nach muss mer eis awer déi néideg Zäit huelen, fir all déi Froen, iwwer déi ech elo just geschwat hunn, ze beäntweren. Dovunner hängt de Succès vun dëse Moosnamen of. Duerfir duerfe mer kee Gesetz vun zwou Zeilen an an zwee Deeg maachen.

Wéi laang soll eng Impfflicht gëllen? Ma esou laang wéi néideg a keen Dag méi laang! Duerfir plädéieren

mir, fir en Auslafdatum an d'Gesetz ze schreiwen; dat kéint d'Fréijoer 2023 sinn. Selbstverständlech kann een esou ee Gesetz zu all Moment ausser Kraaft setze respektiv verlängeren, falls d'Situatioun dat géif erfuere.

Och sollt ee sech iwwerleeën, wéi am Frankräich an an Éisträich eng Clause d'extinction dranzesetzen, déi d'Gesetz automatesch ofschaft, wann d'Zuele ronderëm d'Pandemie eng gewëssen Zäit ënner engem gewëssen Niveau bleiwen. An Éisträich soll dat vun enger spezieller Kommissioun festgestallt ginn.

Iwwer all déi Froen, déi de Schéma vaccinal ugin, wéi mat geheelte Persounen ze verfuere ass, wéi eng medezinnesch Exceptioun solle gëllen an esou weider, do mengt mer, sollte mer onbedéngt de Rot vun de Medezinnen a vun den Experte suivéieren.

Ob ee soll de fräie Choix hunn, sech säi Vaccin erauszesichen? Idealerweise jo. Allerdéngs si mer - esou hunn ech et verstan - nach ëmmer an der Situatioun, dass net genuch Vaccin vun all eenzelne Produzent do ass, fir dat kënnen ze garantéieren. An esou laang soll an eisen Aen den Dokter decidéieren, wat fir e Produit fir de Patient am beschten ass.

Wat d'Sanktiounen ugeet, sou wëll d'LSAP bei enger Sanction administrative bleiwen, ënnert der Konditioun, dass et net zu engem ze vill groussen administrativen Opwand féiert. Eng Sanction pénale schéngt eis disproportionéiert, well et och net soll drëms goen, d'Leit ze kriminaliséieren.

Et soll och net prioritär ëm d'Sanktiounen goen. Duerfir sollt eng laang Ulafzäit virgesi ginn, sou dass och jiddereen d'Geleeënheet kritt, sech nach impfen ze loossen. Eng Amende vu maximal 250 Euro schéngt eis hei ubruecht. Selbstverständlech wär déi repetitiv, well ee sech jo net soll kënnen fräikafen. Et mécht eis dobäi Suergen, dass mer et net ronnbréngen wäerten, déi Amende dem Akommes no ze staffelen, wat vill méi gerecht wier. Allerdéngs schéngt deem Opwand, deem duerfir ze bedreiwe wier, net ze bewältigen ze sinn.

A wa mer scho beim Opwand sinn, sou léich et op der Hand, dass d'Autoritéit, déi d'Impfflicht ëmsetzt, d'Santé wier. Allerdéngs duerf ee sech froen, ob déi Servicer net elo scho komplett iwwerlaascht si mat der Pandemiebekämpfung an allem ronderëm. An heirop hunn ech, éierlech gesot, keng Äntwert.

Ze kläre sinn och nach déi ganz wichteg a komplex Froe ronderëm den Dateschutz.

Wat d'Inzidenz op d'Aarbecht ugeet, sou fënnt d'LSAP, dass mer solle bei deem bleiwen, wat mat de Sozialpartner ofgemaach gouf am Kader vum 3G op der Aarbechtsplaz. Et soll kee seng Schaff verléieren, mee et ass och selbstverständlech, dass een net bezuelt gëtt, wann een net schafft kënnt.

Ee vun de komplizéiertste Problemer ass deem, wéi mer ëmgi mat de Frontalieren. An engem Land wéi Lëtzebuerg, wou all Dag 200.000 Leit era schaffen kommen, huet dat eng grouss Bedeitung, och fir d'Infektiounsgeschehen. An eisen Ae kënne mer dee Problem, egal wéi mer e wëllen upaken, just léisen iwwer eng gutt Koordinatioun a Kooperatioun mat eisen Nopeschlänner. Dozou gehéiert a mengen Aen och en Datenaustausch.

Insgesamt mengt mer, et sollt een en eegestännegt Gesetz schaffen an dat hei net och nach an dat scho komplizéiert Covidgesetz dobäischreiwen.

Här President, zur ganzer Wourecht gehéiert och, haart ze soen, dass d'Aféiere vun enger Impfflicht haut eis net hëlleft, déi héich Infektiounszuelen, déi mer haut kennen, ze bremsen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Nieft der legislativer Aarbecht, déi eng gewëssen Zäit wäert an Usproch huelen, muss jo och eng Virlafzäit an esou e Gesetz kommen. An och d'Impfe selwer brauch dann nach eng gewëssen Zäit. Et ass also unzuhuelen, dass eng Impfflicht eréischt an e puer Woche respektiv Méint richteg gräift, warscheinlech am Fréijoer, wa souwi sou d'Infektiounszuele wäerten zréckgoen, sou wéi mer dat schonn déi lescht zwee Joer gesinn hunn.

D'LSAP ass awer der Meenung, dass nawell elo schonn un engem Gesetz iwwert d'Aféiere vun enger Impfflicht misst geschafft ginn, dëst well et awer duerchaus méiglech ass, dass mer am Hierscht/Wanter eng nächst Infektiounswell kéinten erliewen an et doriwwer eraus, an dat hunn och schonn aner gesot, och méiglech ass, dass nei Virusvarianten optrieden, déi de kollektiven Immunschut méi einfach duerchbrieche kënnen oder aner Deeler vun der Populatioun treffe kéinten.

A falls dat alles sollt antrieden an deem Ament eis sanitär Moosnamen net duerginn, fir de Virus a Schach ze halen, dann hätte mer fäerdeg Texter - wann ubruecht adaptéiert -, déi mer séier kéinten a Kraaft setzen.

Och ass et eis Pflicht als Deputéiert, ëmmer erëm an ëmmer op en Neits nei Donnéeën an eis Iwwerleeungen erafléissen ze loossen. Eis Decisiounen mussen sech ëmmer baséieren op déi lescht verlässlech a verifizierbar wëssenschaftlech Erkenntnisser. Dat heescht an eisen Aen, dass mer net haut kënnen en definitive Stréch ënnert dës Diskussioun zéien, mee dass mer, wa mer all déi Froen, déi mer nach hunn, beäntwert kruten, déi sanitär Situatioun nei bewäerten, ier mer eis als Parlament definitiv festleeën.

Mir mussen wëssen, dass mer am Moment iwwer eng Momentopnam schwätzen, an net méi spët wéi haut de Mëtten hunn ech nach en Artikel gelies aus der „Financial Times“, an ech liesen Iech just d'Iwwerschrëft vir: „Omicron drives record number of children into hospital.“ (veuillez lire: „Omicron drives record cases of child Covid hospitalisation.“) Dat geheet natierlech alles op d'Kopp, wat d'Experten eis an de leschte Wochen a Méint gesot hunn.

An ech géif duerfir wierklech bieden, dass mer eis ëmmer erëm op en Neits a Fro stellen an ëmmer erëm op en Neits déi leschte verlässlech a verifizéiert Erkenntnisser an eis Iwwerleeungen afléisse loossen, ier mer eis decidéieren.

Ech géif och hei gare mat enger aner Behauptung opraumen, déi ech an der Lescht méi dacks héieren hunn: „D'Impfflicht hätt missen éischer kommen!“ Ech wëll deem entgéinthalen, dass mer eréischt zanter Niklosdag déi nei Variant Omikron zu Lëtzebuerg hunn an dass eis eréischt zanter kuerzem beluecht gouf, dass dësen neie Virus eis Efforten, fir d'Pandemie ze bekämpfen, futtimécht.

Och wéilt ech nach emol drun erënneren, dass mer virun e puer Méint net genuch Impfstoff haten, fir eng Impfflicht anzeféieren. Mir hunn de Choix geholl, fir esou vill wéi méiglech Leit ze boostere mat deem Impfstoff, dee mer haten an hunn; eng Decisioun, déi sech haut als richteg erweist, wësse mer dach, dass d'Boosteren e bessere Schutz géint den Omikron duerstellt.

Op dëser Plaz wéilt ech och virdu warnen, d'Leit elo gleewen ze dinn, dass wa mer bis eng Impfflicht decidéiert hunn, d'Pandemie automatesch eriwier ass an all Restriktiounen direkt kënnen falen. Dat wäert mat grousser Warscheinlechkeet net de Fall sinn. Och wa mer duerch d'Impfflicht an der Pandemiebekämpfung



e gutt Stéck virukommen, wäerte mer d'Restriktiounen nëmmen no an no an ëmmer mat Bléck op d'Infektiounen an op eis Spideeler kënnen zréckfueren. Och wësse mer nach net, wat fir eng weider Iwwerraschungen de Virus fir eis parat hält.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Donieft musse mer d'Efforten héichhalen, fir all d'Leit zu Lëtzebuerg zu enger Impfung ze iwwerzeegen. Breet, kamoud Offeren hu mer, an déi mussen am ganze Land ugebuede ginn. Vill, ganz vill Efforte goufen an der Kommunikatioun gemaach. Dat muss virugeen an et muss een esou geziilt wéi méiglech déi Leit erreechen, déi mer nach musse fir d'Impfung gewannen.

Hei kënn och eng wichteg Aufgab op eis Hausdokteren zou, déi vill gehollef hunn an dëser Pandemie an deenen d'Patienten eigentlech am meeschte vertrauen. Si solle sech net scheien, systematesch d'Impfung unzeschwätzen an opzeklären.

Här President, als Partei hu mer eis et net einfach gemaach mat dëser Fro, an anerer och net. Vill Avise goufen eis presentéiert, déi net alleguerten an déi selwecht Richtung ginn, jo, verschidden Avise si souguer kontradiktöresch. Et ass duerfir an eisen Ae wichteg, dass mer net virun de Won sprangen, dass mer eis nieft dëser Debatt déi néideg Zäit huelen, fir all d'Aspekter an all d'Konsequenze vun dëser Decisioun ze belichten.

Mir Deputéierte sinn et all eise Matbirger, de geimpften an och den nach net geimpften, schëlleg, dass mer hei elo net am Hauruckverfahren eng Impfflicht aféieren, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... dass mer net weinst politischem Aktionismus eisem Zesummeliwen eng Téitsch ginn. Mir sinn eise Bierger schëlleg, dass mer zilorientéiert, evidenzbaséiert, reflektéiert, gutt informéiert a gutt verständlech Decisiounen huelen, déi si, d'Bierger, och novollzéie kënnen! Dovunner hänkt ganz viles of.

Ech sinn elo um Enn vu menger Ried. Ech mengen, mir stinn awer net um Enn vun dëser Diskussioun. Am Contraire: Vill Froe stinn nach op a musse gekläert ginn. Vill Avisen hu mer zwar bis elo scho kritt, fir déi ech alleguerte wéll Merci soen. Vill weider Avise wäerten awer nach an deenen nächste Wochen erkommen. Och d'Diskussioun vun haut ka vläicht nach nei Elementer an eis Iwwerleeungen erabréngen.

Mir hunn de Leit vill ofverlaangt an dëser Pandemie, net gären, mee well et noutwendeg war. Mir mussen awer och uecht ginn, dass d'Aschnëtter an d'Fräiheeten net zur Normalitéit ginn, dass mer op eemol bereet wäeren, alles ze sacrificéieren. Eis Moosname ware bis elo ëmmer gutt duerchduecht an esou gutt wéi méiglech argumentéiert, baséierend op dem Kenntnisstand vun deem Ament. Dat muss och an Zukunft nach esou sinn, fir dass mer um Enn net d'Pandemie zwar iwwerwonnen hunn, mee duerfir eist gesellschaftlecht Zesummeliwe geschiedegt hunn. Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos, Här Cruchten. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären aus der Regierung, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, éier ech d'Positioun vun der gréngrer Fraktioun virstellen, wéilt ech fir d'éischt zwee Mercie lassginn.

Deen éischte gëllt der Regierung, déi dës Diskussioun mat hirem Froekatalog un d'Chamber ugestouss huet an domat de Beweis geliwwert huet, dass dat sensibel Thema vun der Impfflicht zu Lëtzebuerg och Chefsaach ginn ass. An anere Länner gëtt déi Diskussioun och gefouert an Dir wësst alleguer, dass d'Impfflicht a verschiddene Länner schon en vigueur ass.

Mäin zweete Merci geet dann u meng gréng Fraktioun an och un d'Membere vun eiser Partei a vum Aarbechtsgrupp Santé ënnert dem Marc Hansen, déi wierklech e groussen Deel dozou bäigedroen hunn, dass mer eis konstruktiv konnten austauschen an eis zesumme mat enger grousser Majoritéit op eng Positioun konnten eenegen. Dir hutt et matkritt, mir hu se schon a Kuerzform publizéiert. Meng Interventioun vun haut gëtt natierlech e bësse méi laang.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann een zréck an d'Geschicht kuckt, stellt ee fest, dass Pandemien oft mat Gerüchter a Falschinformationer verbundene sinn an dass se zanter éiwegen Zäiten eppes Rätselhafter u sech hunn. Dat geet och aus verschiddenen Texter ervir, an deene beispillsweis folgend Satz ze fanne sinn: „Dat Frappéierend un der Pandemie war den totale Mysterium, dee se ëmginn huet. Kee schéngt gewosst ze hunn, wéi eng Krankheet et war a wéi se ze stoppe wier. Haut froe mer eis ängschtlech, ob eng weider Well wäert kommen.“ Neen, et geet hei net ëm Corona, dës Zeile stamen aus dem Joer 1919. Se stoungen am Wëssenschaftsmagazin „Science“, an deem den Hygieniker George Albert Soper eng Analys iwwert d'Ursaachen, d'Geigemoosnamen an d'Suite vun der Spuenescher Gripp publizéiert huet. Domat verbundene war seng Fro, wat d'Mënscheit aus dëser globaler Bedroung geléiert huet, fir weider Pandemie besser kënnen ze bekämpfen.

Och nach haut, Dir Dammen an Dir Hären, werft d'Pandemie vill Froen op. Den Ennerscheed zu 1919 ass allerdéngs deen, dass d'Verbreedungsmechanisme vum Virus ganz séier identifizéiert waren a virun allem, dass a Rekordzäit e Vaccin konnt entwéckelt ginn.

An der Etüd vun 1919 gouf d'Méiglechkeet vun enger Impfung net emol mat engem Wuert ernimmt.

Dir Dammen an Dir Hären, den héije medezinnesche Wäert vun den Impfungen ass haut onëmstridden. Weltwäit hunn d'Impfungen e groussen Afloss op de Réckgang vun der Stierflechteet an op d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Am Fong ziele se zu de wierraamste Moosnamen iwwerhaapt, fir esouwuel den eenzelne wéi och den effentleche Secteur an déi effentlech Gesondheet ze schützen. Weltwäit ginn d'Impfungen als ee vun de gréisste medezinnesche Liewensretter ugesinn.

Net anescht ass et an der aktueller Situatioun, wou eng iwwerwältigend Majoritéit vu Wëssenschaftler sech eens ass, dass d'Impfung eng zentral Roll spillt an der Bekämpfung vun der Covidpandemie an dass d'Impfung och elo an der héich ustiechender, mee méi mëller Omikron-Well massiv zum Wee an d'Endemie bäidréit.

An der Risiko-Notzen-Analys schléit de Pendel also ganz kloer an d'Richtung vum Notzen. Am Fong gehéiert et schonn zum Zouloossungsverfahren, dass den Notze vun der Impfung däitlech iwwer hirem Risiko muss leien.

Nodeems elo scho bal 4 Milliarde Mënsche vollstänneg geimpft sinn, sinn och d'Reaktiounen an d'Komplikatiounen statistesch erfaasst. Ech schwätzen net

vun Niewewierkungen, well deen Term eigentlech net richtig ass. Dat ass en Amalgamm vu Reaktiounen a Komplikatiounen. Et sollt ee béid vuneneen trennen.

D'Statistik, mee och d'Erfahrung um Terrain weise ganz kloer, dass eenzel Reaktiounen optauchen, allerdéngs verzeien déi sech no zwee, dräi Deeg oder spéitstens no enger Woch an hannerloosse keng Sequellen.

Wat dann d'Komplikatiounen ugeet, wéi Myokarditen, sou sinn och déi erfaasst a féiere laut den Experten net zu bleiwende Schied, et sief déi betraffe Persoun wiere scho gesondheetlech virbelaascht.

Ausschlaggebend ass, dass d'Komplikatiounen weeder vun hirer Gravitéit hier nach vun der Heefegkeet hier an iergendenger Relatioun stinn zu de 5,5 Milliounen Mënschen, déi duerch eng Covidinfektioun ëm d'Liewe komm sinn. Dass d'Impfung vun haut also keen Experiment un der Mënscheit sinn, wéi dat oft dobaussen op der Strooss geruff gëtt a wéi et esou gäre behaupt gëtt vu verschiddene Leit, mee eng verlässlech wëssenschaftlech Basis hunn, ass ganz einfach eng Tatsaach an et ass eng Chance.

An och wann d'Phas 3 verlängert ginn ass an der Zouloossungsprozedur, sou huet dat kee verdächtige oder mysteriësen Hannergrond. Den eenze Grond vun der Verlängerung ass deen, dass d'Dauer vun der Effektivitéit an d'Noutwendegkeet vu méifache Rapporter, mee och d'Wierksamkeet op verschiddene Varianten nach méi am Detail analyséiert ginn. An dat kann een net oft genuch erklären.

Mat dëser Feststellung wéll ech natierlech d'Angscht virun der Impfung net verharmlosen oder lächerlech maachen. Laut enger rezenter franséischer Etüd ass d'Angscht majoritär de Grond, firwat eng Persoun sech net impfe léist. Fir dës Mënschen d'Angscht ze huelen oder fir se ze léieren, rationell mat hirer Angscht ëmzegoen, geet et net duer mat der Verbreedung vun allgemengen Informatiounen iwwert d'Impfung. Hei muss eiser Meinung no geziilt opgekläert ginn, och individuell, an d'Onwourechte musse kategoresch widerluecht ginn, woubäi net nëmmen d'Medezinner gefuerdert sinn, mee mir alleguer.

Net manner wichteg ass an der aktueller Omikron-Well och d'Informatioun, dass dee méi mëlle Verlaf d'Impfung alles anescht wéi iwwerflësseg mécht. Ganz am Contraire, an Expertekreesser besteet keen Zweifel méi drun, dass och d'Omikron-Well besser mat Impfung wéi ouni Impfung iwwerstane gëtt. Déi grouss Chance fir eis alleguer besteet doran, dass dës méi harmlos Variant zum Iwwergang an d'Endemie bäidréit. Domat ass jo deen Zoustand gemengt, an deem d'Gesellschaft léiert, wéi bei der Gripp mam Virus ëmzegoen, mam Virus ze liewen, ouni op Fräiheeten ze verzichten.

D'Konditioun ass allerdéngs déi, dass eebe grad e Maximum vu Mënsche geimpft ass, an dat, éier déi nächst Well, déi nächst grouss Well nees wéi aus dem Näscht optaucht. Wann een dann awer weess, wéi schlecht mir mat eise Impftaux vu just 72,8 % vun der Gesamtbevölkerung dostinn, da weess een och, dass d'Stierflechteet an d'Iwwerbeleedung vun den Intensivstatiounen besonnesch zu Lëtzebuerg nach ëmmer e grouss Risiko duerstellen.

Dës Suerg ka just zu enger Konklusioun féieren: Et ass déi, dass aner Hiewelen a Beweegung musse gesat gi wéi déi, d'Covidregele reegelméisseg no uewen oder no ënnen unzepassen.

Als Gréng wëlle mir jiddwerfalls net zouloossen, dass de Gesondheetssektor sech vun enger Well an déi nächst muss eriwuerretten, dass d'Alters- an d'Fleegeheimer wéi Héichsicherheitsgefängnisser behandelt musse ginn, fir d'Beschreibung vum Dokter



Gérard Schockmel um Radio 100,7 ze gebrauchen, an - dat wëll ech awer och ënnersträichen - mir wëlle verhenneren, datt déi Strukturen nees zougemaach gi fir de Besuch, wéi dat elo nees de Fall ass, an zwou Institutione jiddwerfalls.

A mir wëllen och net zouloossen, datt d'Schoule mussen zoumaachen, datt d'Intensivstatione vun de Spideeler sech nees Wanter fir Wanter fëllen, datt d'Behandlung vun Net-Covid-Patiente muss ausgesat ginn, wëssend datt et elo scho Retarde gëtt an datt déi ganz belasschend Fro vum Triage sech iergendwann stellt; vun de psychologesche Problemer, déi all dës Phänomene mat sech zéien, guer net ze schwätzen.

Dir Dammen an Dir Hären, fir datt et net zu dësen Zenarie kënn, gëtt et just zwou Optionen:

Déi éischt besteet doran, d'Fräiheete wéi bei all Well méi oder manner anzëschränken a jee no Evolution vum Virus am stëlle Lockdown ze endegen, wann de Virus nees ze vill Leit zur selwechter Zäit krank mécht. Esou en Zenario kann een eiser Gesellschaft net méi zomudden!

Déi zweet Option besteet doran, Courage ze weisen a mat der Aféierung vun der Impfflicht ee fir allemol duerfir ze suergen, datt méi Mënsche sech impfe loosse! D'Viraussetzung ass a bleift fir eis awer och déi, datt d'Impfflicht Hand an Hand mat der Evolution vun de wëssenschaftlechen Erkenntnisser geet.

Dat heescht, datt d'Noutwendegkeet an d'Verhältnisméissegkeet vun där Moosnam reegelméisseg vun neutralen Experten iwwerprëft muss ginn an datt e Monitoring vun der Effikassitéit vun de Vaccinen um Terrain realiséiert gëtt. Aus deem Grond war et fir eis vun Ufank u kloer, datt mir op d'Mataarbecht vun onofhängege Spezialisten ugewise sinn. A firwat an Zukunft net och Soziologen oder Sozialwëssenschaftler mat u Bord zéien? D'Regierung ass jiddefalls op dee Wee gaangen an huet en onofhängegt Expertegremium mat engem éischten Avis beoptraagt.

Haut läit e ganz aktuellen, mee och ganz opschlossräichen Avis mat entsprecheender Recommendation vir a bilt déi wëssenschaftlech Basis fir d'Decision, déi d'Politik ze treffen huet. Am Fong entsprécht dëst Virgoen engem gesonde Verhältnis tëscht Politik a Wëssenschaft an deem Sënn, datt den Experterot d'Politik zwar beréit, mee d'Politik net vun hiren Entscheedunge befreit.

Nach ëmmer ass a bleift et un der Politik fir ze decidéieren, ob a wéi wäit se dem Rot vun den Experten an dësem ganz sensibelen Thema follegt. Dëst Thema ass émsou méi sensibel, well et bei der Aféierung vun der Impfflicht jo net just ëm medezinesch-wëssenschaftlech Froe geet, vun deenen ech elo geschwat hunn, an och net just ëm déi faktesch beluechte Schutzwirkung vun der Impfung. Sensibel Froe stelle sech virun allem um eetheschen a verfassungsrechtleche Plang, dee mir ganz staark um Häerz läit.

D'Hauptfro ass dobäi follgend: Wéi wäit kënnen deem Eenzelne gewësse Flichten am Numm vum Allgemengwuel operluecht ginn, wann dës Flichten am Widder-sproch stinn zum Grondrecht op Selbstbestëmmung iwwer säin eegene Kierper? A wéi wäit muss all Eenzelne bereet sinn, seng Verantwortung fir déi Gesellschaft ze iwwerhuelen, an där e leeft?

Als Gréng schlësse mir eis an dës Froen dem nationalen Eethikrot un a villen anere Gremien och, déi de Prinzip vun der Solidaritéit an hiren Avisen ditlech ënnerstrach hunn. Esou schreift den nationalen Eethikrot ganz richtig, datt de Solidaritéitsprinzip net just um Recht berout, vum Virsuergestaatz ze profitéieren -

ech mengen, de Claude Wiseler huet dat do och gesot -, de Solidaritéitsprinzip bedeit och, datt d'Biergerinnen an d'Bierger Flichten hunn. Dës Flichte si moralescher an eethescher Natur. Am Fall vun enger Pandemie besti se aus der Flicht, d'Gesellschaft, de Gesondheetssystem an déi Schwaach ze schützen.

Op de politesche System bezunn heescht dat, datt et an enger Diktatur Flichten ouni Rechter gëtt. Mir liewen zum Gléck awer net an enger Diktatur. Mir liewen an enger Demokratie, an do gëtt et keng Rechter ouni Flichten, fir eng Ausso aus engem oppene Brëif mam Titel « Obligez-nous » ze zitieren, dee Mëtt Dezember an der Press ze liese war. « Obligez-nous » war den Optrag vum Auteur un d'Politik, fir d'Impfflicht endlech anzeféieren a sech ze trauen! Et ass dee selwechten Optrag, deen ech der Regierung am Numm vun der grénge Fraktion haut och mat op de Wee ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, egal wéi een et ausdréckt, steet eppes fest: Souwuel eis Fräiheete wéi och eis Rechter sinn an engem Gesamtkontext agebett, deen net aus engem egoistesche Sens unique daerf bestoen an ëmmer mat Verantwortung verbonden ass. An deem Sënn liwwert d'Fräiheet, iwwer säin eegene Kierper ze bestëmmen, andeems ee sech bewusst net impfe léisst, eethesch gesi kee valabelt Argument, fir der kollektiver Verantwortung de Réck ze dréien.

Natierlech ass et jiddwerengem seng Fräiheet, sech selwer a Gefor ze bréngen a seng Gesondheet ze ruinéieren. Esoual dës Fräiheet awer op Käschte vum Vis-à-vis geet a wéi bei der Pandemie op d'Käschte vun der Gesellschaft, de Spideeler, de Kanner hirer Zukunft, de Betriber an den Aarbechtsplazen, hält dat héichgelueftend Argument vun der Fräiheet d'Strooss net méi.

D'Fuerderung vun der absolutter Fräiheet huet awer nach en aneren Aspekt, eng aner Dimension, an déi ass zimmlech paradox. Well et ass jo komesch, datt d'Mënschen, „déi net an der Vereenzelung existéieren kënnen“, et als schwéier erdréckend empfangen, wann hinnen Affer zougemuert ginn, déi en Zesummeliewen erméiglechen. Ech mengen, Dir hutt et gemierkt, dës Feststellung staamt net vu mir, soss hätt ech et méi einfach ausgedréckt. Se staamt vum Sigmund Freud, dee schonn am Joer 1927 op deen déif mënschleche Paradox higewisen huet, datt vill Mënschen hirer eegener Fräiheet selwer am Wee stinn, wa se dofir en Affer musse bréngen.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Dës Gedanken huet de Psychiater Paul Rauchs a säi Buch « Virons le virus! » affléisse gelooss. Dëst Buch zeechent e ganz poignante Portrait vun enger fräiheetlecher Gesellschaft, déi Angscht huet, hir Repèren ze verléieren an déi staark Aschränkung vun der Fräiheet an der Pandemie komescherweis als Erlichterung erlieft huet.

Dir Dammen an Dir Hären, haut en Affer bréngen, fir muer net méi ze vereinsamen oder ze vereenzelen, wéi et an deem Zitat geheescht huet. Mat deem Affer ass natierlech d'Decision gemengt, sech impfen ze loosse a bewusst en Agrëff an déi kierperlech Unverseertheit zouzeloossen.

Als Géigepartie hëlleft d'Impfung awer, de Wee an déi gesellschaftlech a kulturell Fräiheet fir jiddwereen nees hierzestellen, während se vum medezinesche Standpunkt hier keen Expertiment um Kierper ass, mee eng Noutwendegkeet.

Dir Dammen an Dir Hären, leider war net virauszege-sinn, datt bis haut just 72,8 % vun eiser Gesellschaft oder besser gesot 80 % vun den Erwuessenen dës

Noutwendegkeet erkannt hunn a sech fräiwëlleg impfe gelooss hunn. E Fënnepfel vun den Erwuessene sinn also net geimpft an hunn hir Verantwortung net iwwerholl.

Ech schwätze bewusst net vun de Kanner. Et ass nämlech net un hinnen, fir Verantwortung fir déi Erwuessenen ze iwwerhuelen, et ass ëmgedréit. All Erwuessenen, Eltere wéi Enseignanten an Erzéier, droen dozou bäi, datt de Kanner hiert Recht op Bildung erhalte bleift, wa se sech impfe loosse.

Ech kommen nach eng Kéier zur Verantwortung. Als Politiker hu mer och Verantwortung. An als Politiker musse mer eis och selwer froen, wou dann eis Verantwortung läit, wann d'Dokteren an d'Fleegepersonal Alarm schloen, wa se emotional ausgebrannt sinn a verleet sinn, bei weidere Wellen d'Bengele bei d'Tromm ze geheien, well se et net méi packen.

A wann d'Diere vun den Alters- a Fleegeheimer wéinst steigenden Infektionne wéi elo fir de Besuch zougemaach ginn, spéitstens da féiert kee Wee laanscht eng gesetzlech gereegelt Impfflicht, déi als Schutzlicht ze verstoen ass an net mat Impfwang ze verwiesselen ass.

Am Fong ass d'Impfflicht dee leschte Schrëtt, wa sech erausstellt, datt d'Mëttelen, déi mobiliséiert ginn, fir d'Mënschen zur Impfung ze motivéieren, net genuch gräifen. Bei engem Impftaux, dee leider ënnert der europäescher Moyenne läit a wou mer natierlech am Ranking net uewe stinn, mee éischter an enger relativ schlechter Mëtt landen, wou ech dat do jiddwerfalls ze behaapten.

Ech kommen zu de Froen, zu den eenzele Froen vun der Regierung, wéi déi Flicht konkret soll ausgesinn. Et muss een natierlech och Äntwerte fannen, dat ass ganz kloer. Wichtig ass fir eis awer virun allem, datt mir eis iwwert d'Prinzipien eens ginn. D'Detailler mussen definitiv gekläert ginn, wann et ëm d'Ausarbeitung vum Gesetz a vu senger Applikation geet.

Wat dann d'Froen ugeet, wëll ech fir d'éischt emol virausschécken, datt d'Konformitéit zu eiser Verfassung wéi bei all Gesetz natierlech onëmgängelech ass. Wann de Staat e Grondrecht beschneit, da muss dës Moosnam ugepasst sinn a se muss de Prinzipie vun der Noutwendegkeet an der Verhältnisméissegkeet entsprechen. D'Madamm Minister Sam Tanson huet dat an hirer Intervention am Ufank ganz gutt erkläert.

A grad aus deem Grond war et an engem éischten Ulaaf wichtig, en neutralen Avis vun Experten anze-zéien, well si et sinn, déi d'Evolution vun der sanitärer Situation a vun de Gefore vun der Pandemie op d'mënschlech Gesondheet an op d'Stierflechteet am beschte jugéieren kënnen an d'Noutwendegkeet vun der Impfung och wëssenschaftlech beleed kënnen.

Aus deem Grond plädéiere mir als Gréng dofir, datt d'Impfflicht, falls se dann op den néidege politesche Konsens stéisst, och weiderhi vun neutralen Experte begleet a reegelméisseg op hir Necessitéit, hir Wierksamkeit an hir Resultater evaluéiert gëtt a just esoulaang a Kraaft bleift wéi néideg. Dorop kommen ech zréck.

Nom Beispill vu Griicheland - an duerfir soen ech dem Gilles Baum Merci, datt e mech do virun zitéiert huet -, wou d'Impfflicht virun zwou Wochen agefouert ginn ass a wou sech a kuerzer Zäit iwwer 200.000 Mënsche impfe gelooss hunn, kann een nëmmen hoffen, datt et bei eis och zu enger Wierkung féiert.

An och an Italien ass et net anescht. D'Impfflicht ass fir Mënschen ab 50 agefouert ginn an och do geet et scho mam Impftaux Biergop.



D'Suerg, datt d'Impfflicht trotz allem keng Garantie duerstellt, fir d'Fräiheete kuerzfristeg op alle Pläng nees hierzustellen, ass natierlech total berechtegt. Souguer wa mer en Impftaux vun iwwer 90 % bei den Erwuesenen hunn, heescht dat nach ëmmer net onbedéngt, datt vun haut op muer all Covidreegel opgehuewe ka ginn, jee nodeem wéi eng Wellen nach op eis zoukommen. Et gëtt der jo genuch. Et muss awer eist Zil sinn, an dat Zil erreeche mer ëmsou méi séier, wat mer méi Mënschen impfe kënnen.

Wourops et an enger éischter Etapp jiddwerfalls ukënn, ass, datt eng gewësse Basisimmunität hiergestallt gëtt, virun allem eebe bei de vulnerabele Gruppen, déi als éischt riskéieren, am Spidol ze landen.

An dat féiert direkt zu der Fro, wéi eng vulnerabel Gruppen dat da sinn. Laut den Aussoe vun den Experte sinn et Mënschen ab 50 Joer, wou zum Deel aner Krankheeten dobäikommen oder ufänken dobäizekommen a wou d'Stierflechkeetsrat méi héich ass wéi bei deene méi jonke Generatiounen elo während der Pandemie.

Am Fall vu weidere Welle sinn dës Persounen natierlech am meeschte gefärdet, wuel wëssend - dat hunn d'Experten eis gëschter an der Kommissioun erkläert -, datt 70.000 Persounen iwwer 50 Joer nach net vollstänneg geimpft sinn an datt dovun 25.000 Persounen nach guer keng Impfung hunn. Dat sinn der scho vill!

Wat dann déi Professionell aus dem Santésecteur ugeet, esou handelt et sech de Schätzungen no ëm ongeféier 10 bis 15 % Ongeimpfter, déi engersäits sech selwer a Gefor bréngen, anersäits awer och hir Patienten.

Aus all dës Grënn schloen d'Experte vir, d'Impfflicht op den Alter vu 50 Joer festzesetzen an déi Berufstätig - dat hu mer elo schonn e puermol erkläert - aus dem Gesondheetssecteur a ronderëm mat anzebeziehen, well se a regelméissegem Kontakt mat den eelere Mënsche stinn.

Well déi eeler Generatioun doriwwer eraus eng gewëssen Defizienz bei der Wierksamkeit vun der Impfung opweist, ass dësen zousätzleche Schutz duerch e Cordon sanitaire absolutt néideg. Ech mengen, den Dokter Schockmel huet vu „Bretelle“ a „Cordon sanitaire“ geschwat, dat heescht en duebele Schutz.

Jo, et ass richteg - an ech kommen elo op eis Positioun ze schwätzen -, als Grëng hate mir eis fir eng generell Impfflicht fir Volljäregere ausgeschwat a louchen domat op der selwechter Linn wéi den Ethikrot a vill anerer.

De Grond war, datt mir déi erwuesse Populatioun net a Kategorien andeelen wollten, d'Suerg vun der Diskriminatioun vun der eelerer Alterskategorie gedeelt hunn an eise Reien an de Schutz am Fong direkt generaliséieren wollten, dat, fir der Tatsaach Rechnung ze droen, datt ee keng 50 Joer al muss sinn, fir vulnerabel ze sinn oder schwéier krank ze sinn.

Eng generell Impfflicht géif et doriwwer eraus erlaben, d'Diskussioun ronderëm eng sektoriell Impfflicht mat alle juristesche Knackpunkten, déi se mat sech bréngt, guer net mussen ze féieren an all Berufsgruppe gläichwäerteg ze behandelen.

Dee gutt argumentéierten a wëssenschaftlech fundéierten Vorschlag vun den Experten, d'Impfflicht dann awer elo eréischt op Mënsche vu 50 Joer an op de Gesondheetssecteur ze limitéieren, leene mer awer kengesfalls of. Dat wär de falsche Wee. Mir leenen e virun allem och net of, well en de Prinzippe

vun der Necessitéit a vun der Verhältnisméissegkeet reng wëssenschaftlech gesi besser Rechnung dréit, andeems e geziilt op déi Kategorien ausgeriicht ass, wou d'Liewensgefor am gréissten ass.

A wéi sot ee vun den Experte gëschter an der Kommissioun esou schéin: „D'Flichtimpfung an enger Kategorie schléisst d'Impfung an anere Kategorie kengesfalls aus.“ Dat ass jo kloer. Jiddefalls dierf net den Androck entstoen, wéi wann d'Impfflicht fir iwwer 50-Järegere d'Impfung fir méi jonk Generatiounen géif iwwerflësseg maachen.

Eng wichteg Fro stellt sech natierlech och bei der Dauer, wéi laang d'Impfflicht soll gëllen. D'Experte proposéieren, datt se am Summer 2024 soll auslafen. Als Grëng ënnerstëtze mer dës Proposition, well bis zum Summer 2024 jo nach vill Mënschen de Virus wäerten erwëschen - dat stelle mer elo scho fest -, respektiv awer och scho geimpft sinn.

D'Immunität an der Bevëlkerung läit a gutt zwee Joer also warscheinlech vill méi héich wéi haut. Natierlech hunn ech keng Glaskugel dobäi an ech kann och net als Hellseer hee optrieden.

Fir d'éischt stellt sech awer d'Fro, wéini d'Impfflicht dann iwwerhaapt a Kraaft triede soll, wa mer eis bis op de Prinzippien eens sinn. An et schéngt sech jo erauszeschelen, datt dat de Fall ass. Dat ass engersäits natierlech eng Fro vu politischem Konsens, anersäits ass et awer och eng Fro vun de legislativen Aarbechten, déi jo ëmmer eng gewëssen Zäit an Usproch huelen, virun allem dann, wann et sech ëm eng ganz komplex Matière handelt, wou den Däiwel am Detail läit.

Eise Wunsch ass grouss, datt déi legislativ Aarbechten esou zügig wéi méiglech ofgeschloss kënnen ginn, fir datt mer prett sinn, éier déi nächst Well zouschleift, spëtstens virum Summer, fir datt mer am Hierscht prett sinn an och schonn eng ganz Rei Leit geimpft sinn, wann den Hierscht kënn.

Eng aner Fro, déi gekläert muss ginn, ass déi vun der Erfassung vun den ongeimpfte Persounen. Als Grëng si mer der Meinung, datt kee Wee laanscht d'Mise en place vun enger legaler Basis féiert, déi den zoustännegen Autoritéiten et erlaabt, op detailléiert Impfdaten zrëckzegräifen, natierlech ouni d'Reegele vum Dateschutz ze verletzen.

Wat d'Erfassung vun de Mënschen ugeet, déi am Ausland geimpft gi sinn an net zu Lëtzebuerg agedroe sinn, sou schloe mer vir, datt dës Fro iwwer e Courier gereegelt gëtt, an deem déi Betraffe gebiede ginn, der Santé déi néideg Informatiounen zu hirer Impfung matzedeele. Et muss een och e gewëssent Vertrauen an d'Leit hunn an hoffen, datt d'Kollaboratioun klappt.

Méi quokeleg sinn d'Froer ronderëm den Émgang mat de Frontalieren. Do hu mer och laang driwwer diskutiert. Et sinn déi Mënschen, déi net ënner eis Gesetzgebung falen an déi sech trotzdem net aus der Verantwortung dierfe schlächen.

An engem sougenannten Europa ouni Grenze ware mer schonn d'lescht Joer der Meinung, datt konsequent Grenzkontrollen inakzeptabel sinn, well se dem europäesche Geescht net entsprechen. D'Optioun, den Impfpass vun den iwwer 50-Järegere op der Grenz ze kontrolléieren, wéi ee sech dat vläicht kéint virstellen, ass fir eis guer keng Optioun, vun de Waardezäiten a Stauen, déi mer de Frontalieren domat all Dag géifen zoomudden, elo mol ofgesinn.

Eng éischter pragmatesch Léisung besteet fir eis doran, kee speziellen Dispositif anzeféieren, wuel wëssend, datt ganz vill Frontaliere souwiso jo dann ënnert déi sektoriell Impfflicht am Santéberäich

falen, wuel wëssend, datt déi meescht Frontalieren, déi an eise Land schaffen, oder jiddefalls e ganz groussen Deel vun hinnen, an deem Beräich beruflech ënnerwee sinn. An datt déi aner Frontalieren, déi net an deem Secteur schaffen, dann awer ënnert den 3G falen, dee jo an de Betriber en place ass.

Am Bausector sinn der natierlech och ganz vill. Ech kucken dem Dan Kersch säi Bléck. Ech si mer bewosst, dass mer net nëmme just am Santésecteur vill Frontalieren hunn, mir si generell gutt opgestallt, wa mer d'Zuele kucken an alle Secteuren, wat d'Beschäftigung vu Frontalieren ugeet. Dat ass mer ganz kloer.

Ech hunn déi Aussoe gemaach, och well mer am Santésecteur eigentlech 66 % Frontalieren hunn, sou ass d'Proportionalitéit awer do ganz grouss.

Zum 3G. Wann deen Dispositiv dann opgehuewe sollt ginn, fréier oder spéider, muss natierlech eng nei Léisung ausgeschafft ginn. Do wëll ech mech elo net dozou ausdrécken, well mer der Meinung sinn, dass déi Léisung mat de Sozialpartner sollt diskutiert an da festgehalde ginn.

E weidere Punkt, deen d'Regierung thematiséiert huet, ass dann nees méi medezinescher Natur a betrëfft de Schéma vaccinal. Méi konkret geet et hei ëm d'Fro, wéini de Schéma vaccinal als komplett unzegesinn ass. Hei plädéiere mir Grëng derfir, eng gewësse Kulanz gëllen ze loossen an deem Sënn, datt eng Infektioun, déi mat engem PCR-Test festgestallt ginn ass, eigentlech mat enger Impfdosis gläichgestallt ka ginn. Medezinesch gesinn ass dat eiser Meinung no eng gutt Optioun, well eng Infektioun den Immunsystem bal grad esou gutt trainéiert wéi eng Boosterimpfung. Doriwwer eraus entlaascht dës Approche esouwuel d'Impfzentere wéi och d'Logistik hannerendrun.

An do kommen ech da bei de Choix vum Vaccin. En entlaascht d'Logistik an deem Sënn, dass d'Impfzentren eigentlech mussen de Leit de Choix ginn, wéi ee Vaccin se sech wëlle sprëtze loossen. Jiddwereen, dee vun der Impfflicht betrafft ass, soll de fräie Choix vum Vaccin garantéiert kréien. A genee dat setzt eng effikass a gutt Logistik viraus.

Deen nächsten Deel, zu deem ech da kommen, betrëfft d'Sanktiounen, zu deene mer eis och schonn an eiser Stellungnam geäussert hunn, allerdéngs net am Detail. Prinzipiell triede mir net fir penal Strofen an, mee fir administrativ Sanktiounen, esou wéi se och am Beräich beispillsweis vum Verkéier a Kraaft sinn, wann et sech net ëm schlëmm Delikter handelt.

Ech schwätze vu Protokoller, déi bei Ongeimpften net virun engem Delay vu sechs Méint no der Mise en vigueur vum Gesetz sollen applizéiert ginn. Dës Approche léisst de Mënsche genuch Spott, fir sech impfen ze loossen, sech awer och ze informéieren a sech zesumme mat hirem Vertrauensdokter nach eemol gutt ze iwwerleeën, wëssend datt et eng Zäitchen dauert, bis de Schéma vaccinal dann och komplett ass. Ech mengen, et si véier Méint.

Wat de Montant dann ugeet vun de Strofen, sou si mer der Meinung, datt en héich genuch muss sinn, fir datt e Verstooss géint d'Impfflicht net op déi liicht Schëller geholl gëtt. Dat heescht, de Montant muss méi héich si wéi deen, deen ee muss bezuelen, wann een zoufälleg emol mat engem Pneu um Trottoir steet oder d'Parkdauer iwwerschreit. Dee Montant läit hei bei 24 oder 49 Euro am Verkéier a féiert bei deene wéinegste Falschparker dozou, an Zukunft de Code de la route anzehalen. Duerfir menge mer, dass esou Montanten definitiv ze niddreg sinn.

Op där anerer Säit muss een awer och un déi sozial Dimensioun denken, an zwar un déi, datt en héije



Protokoll fir déi eng méi einfach ze verkraften ass a fir déi aner net. Dëse Volet ass och an eisen interne Gremien duerchdiskutéiert ginn a mir koumen zur Konkusioun, datt et vun de praktesche Modalitéiten a vum Dateschutz immens opwändeg wär, Protokollen op Basis vum Revenu ze staffelen, wuel wëssend, datt dës Approche och soss néierens applizéiert gëtt. En Niddregverdänger, dee mat enger grousser Vitesse duerch e Stopp rennt an anerer gefärdet, muss net manner bezuele wéi e Groussverdänger, dee mat där selwechter Vitesse duerch dee selwechte Stopp rennt.

Eise Vorschlag besteet deemno doran, e Montant festzusetzen, deem den Portmonni zwar weideet, méi weideet wéi de Protokoll, deem e kritt, wann e mat engem Pneu um Trottoir steet, ouni awer d'Niddregverdänger komplett ze ruinéieren.

Iwwert d'Gréisstenuerdnung léisst sech diskutéieren an och mir wëllen eis zu dësem Moment net festleeën, well et wierklech eng Fro vu Verhandlungen ënnereneen ass.

Net onwichtig ass awer, an deem Kontext nach ze betounen, datt eng Strof am Fall vun Onbezuelfarkeet iwwer e Recours en réformation an iwwer eng Assistance judiciaire um Geriicht kann ugefecht ginn. Dat Recht muss de Leit och bewusst sinn a matgedeelt ginn.

Am Schreiwes vun der Regierung gëtt dann och d'Fro opgeworf, wéi e Ministère iwwerhaupt fir d'Sanktiounen zoustänneg soll ginn. Fir eis ass dat de Santéministère, fir kohärent ze bleiwen, vu datt dee selwechte Ministère och zoustänneg ass, wann et sech ëm Strofen handelt, déi am Covidgesetz festgehalen sinn. Wat dann d'Inzidenzen op den Aarbechtsmaart ugeet, esou ass et fir eis kloer, datt d'Personal aus dem Santésektor nach just ënnert dem 2G Zougang zur Aarbecht ka kréien an datt aner Secteure weiderhin ënnert dem 3G lafen.

Hei bleift natierlech ze klären, wéi eng Beruffer a Serviceprovider schlussendlech ganz genee ënnert d'Impfflicht falen a wéi eng net - dee Sektour ass nämlech immens grouss a komplex - a wéi et dann och mam Sektour vun Handicap ausgesäit. Mir mengen, datt och dee misst abezu ginn. Déi Fro huet d'Regierung net gestallt, mee mir mengen schonn, dass se relevant ass.

Eng weider Fro bezitt sech dann op déi méiglech Lizenzéierung vun net geimpfte Persounen. Am Fong gouf dës Fro schonn am Kader vum 3G mat de Sozialpartner gekläert a mat Nee beäntwert. Dobäi soll et eiser Meenung no bleiwen, well d'Sanktiounen fir Ongeimpfte si scho Strof genuch.

Aus deem selwechte Grond si mir och net der Meenung, datt Netgeimpfte zu enger Kierzung vum Gehalt solle forcéiert ginn, dat heescht, datt se manner solle verdéngen.

Wou mer eis awer zousätzlech Sanktiounen virstelle kënnen, ass bei der Fälschung vun de sougenannte „Gefällegkeetszertifikater“, dat heescht, bei der Ausstellung vun de Certificats de complaisance. All Fälschung vum Dokument muss bestrooft ginn an dat kann einfach net akzeptéiert ginn.

Datt d'Amendé widderholl solle ginn, wann eng Persoun d'Impfflicht definitiv net respektéiert, fanne mer och net onbedéngt néideg. Mir tendéieren éischter zu schrëfteleche Rappel an zum Dialog. Prinzipiell si mer nämlech der Meenung, datt d'Iwwerzeegungsarbecht an d'Informatioun och bei der Aféierung vun der Impfflicht eng ganz grouss Roll ze spille kritt. Mir kënnen eis souguer virstellen, Dir Dammen an Dir Hären, datt de Staat an dëser Matière eng individuell ausgeriicht Informatiounsflucht operluecht

kritt, éier mer iwwerhaupt emol vun der Verdueblung oder vun der Multiplikatioun vun den Amendé schwätzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ëm d'Kommunikatioun, ëm d'Informatioun an ëm den Opbau vu Vertraue geet et elo a mengem leschten Deel. Onofhängeg vun Impfflicht oder Fräiwëllegkeet ass et onëmgänglech, d'Impfmotivatioun bei den Impfzögerer ze erhéijen, Ängshten ofzebauen a virun allem déi Mënschen ze errechen, déi bis haut duerch d'Informatiounsnetz gefall sinn.

D'Beispill vu Bremen, wou d'Informatiounen an zéng Sproochen zirkuléieren, wou spezialiséiert Impfteams mat Sozialarbechter an anere sech bis an de leschte Wénkel vun all Quartier deplacéieren, fir mat de Leit ze schwätzen, hunn ech schonn e puermol op dëser Plaz ernimmt an dorop kommen ech elo net méi zrëck.

Ech wëlt awer eng interessant Etüd ernimmen, déi kierzlech vu fënnef franséische Chercheure realiséiert ginn ass. An der „Libération“ vum leschte Weekend fannt Der déi néideg Detailler dozou.

D'Zil vun där Etüd war, d'Ongläichheet beim Accès zum Vaccin méi genee ze analyséieren, well wa mer d'Impfflicht op d'Alterskategorie ab 50 ausrichten, bleift jo nach ëmmer déi Kategorie drënner, déi net obligéiert, mee motivéiert muss ginn. Et geet hei wuelweislech net ëm déi kategoresch Impfverweigerer, déi ganz einfach net errechbar sinn a bei deenen een éischer d'Gefill huet, all Dialog wär en Dialogue des sourds. Et geet ëm déi Mënschen, déi aus sozialen a kulturellen Ursaachen nach net erreecht gi sinn.

Wat d'Chercheuren a Frankräich festgestallt hunn, zielt ganz sécher och fir Lëtzebuerg. D'Analys huet erginn, datt déi sougenannt Impfdisparitéiten un zwee Haaptfacteurs festgeboun sinn: Deen éischte bezitt sech op de Chômageaux an op d'Aarmut, deen zweeten op d'Wunnkonditiounen.

D'Konklusioun war déi, datt déijéineg Lokalitéiten, wou de Chômage am héchsten ass, wou d'Aarmut am héchsten ass a wou d'Wunnkonditiounen am schlechteste sinn, och déi Lokalitéit sinn, wou am mannste geimpfte Leit liewen.

Konkreet spigelt des Konklusioun sech zum Beispill doran zrëck, datt zu Paräis am éischer wuelhabende siwenten Arrondissement nach just 11 % vun de Residenten net geimpft sinn. Am drëtten Arrondissement zu Marseille, wou vill defavoriséiert Mënschen liewen, sinn 29 % net geimpft. Et ass also kloer, datt den Impftaux e Spigeldbild vun de sozialen Inegalitéiten duerstellt an datt deen Aspekt an Zukunft méi an d'Gewicht muss falen.

Dobäi denken ech fir Lëtzebuerg notament och un d'Sproochesvillfalt, déi besonnesch an defavoriséierte Milieuen extreem grouss ass a viraussetzt, datt um Portail vun der Santé, mee net nëmmen do, a méi wéi véier Sproochen kommuniquéiert gëtt, dëst an engem Land, wou 150 verschidden Nationalitéiten ënnerwee sinn. Mir mengen, déi heite Reflexioun wär eng Iwwerleeung wäert fir d'Zukunft.

Et setzt awer och viraus, datt d'Prozeduren an d'Formalitéiten, déi mat der Impfung verbounne sinn, geziilt an deene méi isoléierte Milieuen erkläert ginn, wuel wëssend, datt se fir Mënschen aus bildungsferne Schichten eppes duerstelle wéi e Buch mat siwe Sigelen. Ech denken doriwwer eraus un den Opbau vu Vertrauen an Empathie.

Wann den Emmanuel Macron deene schlecht informéierte Mënschen näischt aneres ze soen huet, wéi datt se den Numm „Citoyen“ net méi verdéngen, dann erhéicht en domat net den Impftaux, mee d'Spaltung vun der Gesellschaft.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Dat ass ganz sécher net déi richteg psychologesch Approche, fir déi Leit an d'Boot ze kréien. Net manner wichteg ass déi konsequent Bekämpfung vu Feelinformatiounen, déi notament drop ofzilen, eebe grad Ängscht ze verbreed. An duerfir muss eng Géigestategie opgebaut ginn, déi net nëmme geduecht ass, fir d'Fakte kloer ze erklären. Dat gëtt wierklech scho laang a gutt gemaach. Et geet villméi drëms, d'Lige konsequent beim Numm ze nennen, Falschinformation kloeer ze widerleeën an d'Gesellschaft méi resistent géint Fakenews ze maachen, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | ... esou zum Beispill, datt d'Impfung bei Fraen zu Onfruchtbarkeit géif féieren oder datt mRNA-Impfungen d'Geene géife veränneren. Dat ass ganz einfach net wouer.

Spéitstens, Dir Dammen an Dir Hären, wa Fakenews liewensgefäerlech Konsequenzen hunn, ass et un der Zäit, fir konsequent géint d'Manipulatioun duerch Lige virzegoen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Dobäi muss een och wëssen, datt verschidde Mënschen ab engem gewëssenen Alter oder opgrond eebe vun hire Liewensbedingungen den Uschloss un déi digital Welt verpassen an net déi néideg Mediekompetenz oder technesch Outilen hunn, fir sech regelméisseg iwwer verlässlech Kanäl ze informéieren.

Domat hunn ech d'Ronn souzesoe vun de Froen gemaach, mee och vun eisen Iwwerleeungen. Fir ofzeschléissen, wëlt ech awer trotzdeem nach e puer Punkten ervirhiewen, déi net vun den Experten thematiséiert gi sinn.

Ech verweisen dobäi op eng Stellungnam, déi den Intensivmedezinner Jean Reuter aus dem CHL de leschte Sonndeg an de sozialen Netzwerker publizéiert huet, an dat op eng ganz konstruktiv Aart a Weis.

An der Santéskommissioun vu gëschter hunn ech déi Punkten opgeworf an hunn och ganz kompetent Erklärungen vun den Experten dozou kritt. Se bezéie sech op d'Risiken, déi vun zukünfteg Varianten op déi méi jonk Mënschen kënnen ausgoen. Ech wëll ënnersträichen, datt d'OMS och gëschter do virdu gewart huet.

En anere Punkt, dee vum Intensivmedezinner opgeworf ginn ass, war deen, datt d'Analys vun den Experte sech vill op d'Mortalitéit konzentréiert an aner Problemer wéi Laangzäitschiet net betruecht respektiv datt d'Impfflicht iwwer 50 riskéiert, zu der Verharmlosung vun der Krankheet fir déi ënner 50-Järeg ze féieren. Hie gëtt ze bedenken, datt bal en Drëttel vun de Patienten, déi op der Reha vum CHL louchen, méi jonk ware wéi 50 Joer an datt eng staark Zirkulatioun vum Virus och fir verschidde Persounen aus méi jonken Altersgruppen e permanent Damoklesschwäert duerstellt.

Dir Dammen an Dir Hären, als Gréng si mir der Meenung, datt dës an aner Iwwerleeungen an enger nächster Etapp och transparent diskutéiert sollte ginn, eebe grad well se vill Leit dobause beschäftegen a well sech ganz vill Froen dozou gestallt ginn. Alles, wat ëffentlech diskutéiert gëtt, dréit zur Opklärung bäi.

An och dowéinst ass et gutt a richteg, eis bei dëse Punkte weiderhi vun den Experte guidéieren a beroden ze loossen. Datt et dem aktuellen Expertegrupp gelongen ass, a kuerzer Zäit e gutt fundéierten Avis



opzestellen an eis déi néideg wëssenschaftlech Basis ze liwweren, fir eng Decisioun kënnen ze huelen, verdéngt jiddwerfalls eise Respekt an och e grouse Merci.

Ofschléissend wéilt ech dann awer och am Numm vun der grénger Fraktioun betounen, gradewéi meng Virriedner, datt mir eis dësem Avis uschlëssen. Ech verheemlechen Iech awer och net, datt mir weider Analysen extreem wichteg fannen, fir der Evolutioun vun der Pandemie Rechnung ze droen.

Sollt sech an enger nächster Etapp erausstellen, datt et mat der alterslimitierter a sektorieller Impfflicht fir de Santéssektur net duergeet an datt weider Secteuren an aner Altersgruppen abezu musse ginn oder awer, datt spéiderhin eng generell Impfflicht soll agefuert ginn, datt déi sech opdrängt, si mer ganz sécher bereet, mat op dee Wee ze goen.

Um internationale Plang gëtt et mëttlerweil esou vill Impfflichtvariante wéi Covidvarianten. Och dat muss ee bedenken.

Dir Dammen an Dir Hären, an enger Pandemie dierf d'Politik sech jiddwerfalls net viru méi heikelen Decisiounen ducken. Se soll net zécken, sech net verstoppen a sech net endlos an d'Diskussioun iwwer verschidde Stoussrichtungen verstrécken.

Länner, déi dat maachen, kommen dem Enn vun der Pandemie jiddwerfalls kee Schrëtt méi no, villméi loosse se den Androck entsto, datt se aus Angscht virum eegene Courage net à même sinn, mat deenen Instrumenter ze schaffen, déi d'Wëssenschaft hinne liwwert.

Dozou dierf et zu Lëtzebuerg net kommen. An ech sinn iwwerzeegt, datt et net wäert dozou kommen. An duerfir plädéiere mir als Gréng fir eng zügeg Ausaarbechtung vun engem Projet de loi iwwert d'Impfflicht, deen de Wee eraus aus der Pandemie an eran an d'Fräiheet ganz sécher wäert beschleunegen. Domat komme mir e gutt Stéck weider a weisen, datt d'Mënscheit méi schlau ass wéi 1919.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Lorsché. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Hür Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir soen als ADR och Merci, datt mer d'Geleeënheet hunn, elo iwwer eng Impfflicht hei ze diskutéieren. Et ass eng Debatt, déi mer begrëssen. Et ass eng ganz wichteg. Ech wäert direkt e puer méi allgemeng Bemierkungen dozou maachen.

Mir soen och Merci fir de Positiounspabeier, deen d'Regierung eis ginn huet, déi Froen, déi mer kruten. An ech wéll och an deem Merci net déi Experte vergëssen, déi wierklech eng ganz interessant Aarbecht gemaach hunn, all déi vill Leit, déi och Avice ganz kuerzfristeg geschriwwen hunn an eis domadder vill interessant Iwwerleeunge ginn hunn.

Ech hunn haut schonn e puer Saache geléiert, an net onbedéngt elo Saachen, iwwert déi ech ganz frou sinn. Den Här Staatsminister huet am Ufank direkt gesot: „Ma mir hunn eigentlech där Diskussioun virgegraff. Mir hu schonn eng Decisioun geholl an deem Sënn, datt mer eng Impfflicht wäerten aféieren.“ Dat wär decidéiert.

Dat war awer net dat, wat am Ufank gesot gouf. Et gouf gesot - ech mengen, den Här Wiseler hat dat och gesot -, mir géifen hei eng Diskussioun féieren.

*(Interruption par M. Xavier Bettel)*

O, Dir hutt gesot, déi Diskussioun ... Also eng Impfflicht kënnt, wann ech Iech richtig verstane hunn. An Dir hutt Iech op den Experte grupp beruff. Dir hutt gesot, d'Wëssenschaft hätt dat decidéiert.

*(Interruption par M. Xavier Bettel)*

Dat ass net d'Regierung! D'Wëssenschaft huet dat decidéiert. An dat, wat mer wëllen hei umierken, dat ass awer dat heiten: Ech mengen, mir hu kee Gouvernement des experts. An eng Regierung ka sech der Verantwortung och net entzéien. Et ass schonn eng Decisioun vun der Regierung, wéi ee Projet de loi hei virgeluecht gëtt. An et ass eng Decisioun vum Parlament, ob mer dat akzeptéieren oder net.

Well wa mer hei higinn a soen: „D'Wëssenschaft decidéiert, e Grupp vun Experten decidéiert ...“ Dat sinn eminent Leit, hir Qualitéit wéll ech net a Fro stellen. Et kann awer net esou sinn, datt mir eis dedouanéieren als Politik a soen: „Hei, d'Experten decidéieren dat.“ Wéi eng Experte sinn dat? A wéi enge Beräicher géife mer dat maachen? Also do musse mer scho kloer Grenzen zéien.

Eng zweet Bemierkung ass eng, bei där ech op dat wéll agoen, wat d'Madamm Justizminister gesot huet. Si ass elo leider net hei, dat deet mer leed, well et ass schonn, mengen ech, ganz wichteg, datt mer eis hei awer iwwert d'Notioun vum Rechtsstaat eenegen.

D'Madamm Gesondheetsminister hat gesot, mir wäeren an engem fortschrëttleche Rechtsstaat. Eng interessant Notioun, déi Dir benotzt hutt, Madamm Minister. A mir haten och héieren, datt den Avis vun der Universitéit Lëtzebuerg seet, mir wäeren an enger Zon vun experimentellem Recht. An d'Madamm Justizminister hat d'lescht Woch am Kloertext gesot, an ech zitëiere si: „Dat sinn awer Prinzippien“, also si schwätzt, wuelgemierkt, iwwert d'Grondrechter, an eisem Land, „dat sinn awer Prinzippien, déi kënnen ageschränkt ginn. A mir hunn effektiv allgemeng Grondrechter, déi virgesi sinn, mee se sinn awer relativ, dat heescht, se kënnen ageschränkt ginn, wann de Gesamtnotze méi grouss ass.“

Mir sinn also hei an enger Diskussioun, an där eis Justizministesch vu relative Grondrechter schwätzt, d'Universitéit vun enger experimenteller Rechtszon an d'Gesondheetsministesch hu fortschrëttlechem Rechtsstaat.

Mir als ADR, mir hunn eng ganz einfach Positioun: Mir hunn eng Verfassung, mir hu Gesetzter, mir hu Grondgesetzter, Grondrechter, un deene mir festhalen, mir wëlle weeder experimentell Recht hei nach wëlle mer besonnesch fortschrëttlech sinn. Mir wëllen einfach d'Rechter vun de Leit verdeedegen.

*(Interruption)*

An elo kënnt déi Diskussioun hei iwwer eng Impfflicht an eng fragiliséiert Gesellschaft eran. Ech mengen, dat muss ee ganz kloer gesinn! Déi Gesellschaft huet ganz vill Problemer mat deenen zwee Joer Pandemie. Dat fänkt och u bei rechtsstaatleche Saachen, wéi zum Beispill: Wéi fonctionéieren eis Institutiounen? Jo, den Här Baum hat dat ënnerstrach. Mir hunn et effektiv fäerdegbruecht, hei am Parlament ëmmer déi verschidde Gesetzter ze stëmmen an dee Prozess dach eenegermoossen ze begleeden.

Mee awer muss ee soen, datt eng Regierung, déi e Parlament praktesch forcéiert, bannent zwee, dräi Deeg Gesetzter ze huelen ..., do ass awer net dee Respekt virun den Institutiounen feststellen, dee mir eis géife wënschen.

Wéi ass eist Zesummeliewen? Et si grouss Griewer an eiser Gesellschaft. Et ass vill Aggressivitéit. Muer

schwätze mer iwwert d'Press. Ech mengen, den Här Arendt huet déi Initiativ geholl, fir eis muer an eng Diskussioun iwwert d'Press ze féieren. Dat ass eng ganz gutt Saach, well wéi vill Aggressivitéit hu mer och an eise Medie gesinn? Wéi vill Marginaliséierung vu Leit, déi eng Meenung verrieden, déi net de Mainstream duerstellt?

*(Interruption)*

An dat ass awer och d'Wiese vun der Demokratie: datt mer tolerant sinn a Leit zur Sprooch komme loosse. Wat hu mer gesi bei den Demonstratiounen? Jo, et ass richtig, eng Demonstratioun soll ugemellt sinn. Et ass net akzeptabel, wann op d'Police gespaut gëtt oder wann iergendwéi do Leit mengen, si kéinten d'Police aggresséieren. Mee wat d'Regierung gemaach huet ... Den Här Kox ass haut leider net do, mee ech wéll hei ganz kloer soen, datt mir hei an engem Land sinn, wou duerch eng Decisioun ... Den Här Kox ass responsabel, datt Leit, déi friddlech demonstréiert hunn, stonnelaang bei 1° Celsius, ...

*(Interruption)*

... bei 1° Celsius an der neier Avenue blockéiert waren ouni Toiletten, ouni Iessen, ouni Drénken. Dat ass fir Lëtzebuerg net akzeptabel!

*(Brouhaha)*

Dat ass net akzeptabel!

*(Coups de cloche de la présidence)*

An Dir braucht dat net ze verdeedegen, Här Staatsminister. Et ass net akzeptabel! Mir hätte gär, datt d'Leit kënne friddlech demonstréieren an datt d'Demonstrationsrecht an dësem Land net a Fro gestallt gëtt.

*(Brouhaha)*

Wéi ass et ... Kommt, mir ginn op den nächste Punkt. Wéi ass et mat der Héiflechkeet, nëmme mat der Héiflechkeet a mat der Gaaschtfreundschaft? Ech wéll Iech soen, fir déi Leit, déi derbäi waren ... D'Madamm Lenert war d'lescht Woch derbäi: Mir haten hei zwou Petitiounen diskutéiert an dësem Parlament, ...

*(Interruption)*

... mir haten zwou Petitiounen an dësem Parlament diskutéiert. Do hate mer souguer e Prix Nobel heibannen. Mir haten de Luc Montagnier ...

**Plusieurs voix** | O!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Är Reaktioun ass ganz interessant. Mir haten de Luc Montagnier, Prix Nobel, an en ass hei ... Et kann ee jo mat senge Vuen iwwer Covid d'accord sinn oder net d'accord sinn. Mee wéi ass deen Här hei behandel ginn? Et ass dat, wat mech geniért huet. E Prix Nobel! Et ass keng eenzeg Zeitung hei am Land, déi en Interview mam Luc Montagnier ugefrot huet.

**M. Sven Clement** (Piraten) | E Ligener, Här Kartheiser, e Ligener!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Deen ass eng Capacitéit, eng Sommitéit an en ass awer hei kaum zur Sprooch komm. Ech wéll dat just soen. Wéi gesot, ob een d'accord ass mat him oder net d'accord, dat ass eng aner Saach.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Deen ass nach ze vill zur Sprooch komm!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Awer wéi e Respekt weise mir géint iwwer esou Leit?

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

Gutt. Elo déi Impfflicht. Ech ka verstoen, absolutt verstoen, datt ganz vill Leit hei am Land fir eng



Impfflicht antrieden. Un éischter Plaz, un éischter Plaz d'Dokteren an d'medezinnescht Personal, déi Leit leide gesinn, stierwe gesinn an déi hiren Hänn dacks kee Rot méi wëssen. Dat ass normal! Wann ech an där Situatioun wär als Dokter, géif ech och warscheinlech hei stoen a soen: „Mir müssen déi Impfflicht onbedéngt hunn, mir müssen deem Leiden en Enn setzen. Kommt, mir verharmlosen de Corona net.“

Corona ass eng potenziell déidlech Krankheet.

**Plusieurs voix** | A!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An dat musse mer einfach ... Jo, majo, mee kloer! Dat muss een de Leit soen. An ech verstinn, datt d'Leit den Dokteren ...

*(Interruption)*

Ech kommen ... Ech kommen op d'Argumentatioun, maacht Iech keng Suergen.

An et ass jo normal, datt och gesot gëtt: „Kommt, mir dierfen de Gesondheitssektor net iwwerlaaschten.“ Och dat wäert ech herno am Detail kucken. Et gëtt eethesch Argumenter, d'Leit wëllen zréck an en normaalt Liewen. Et gëtt ekonomesch a finanziell Argumenter. Alles dat ass richtig. An awer - an ech wäert Iech erklären, firwat - seet d'ADR: Nee, mir wëlle keng Impfflicht! Mir setze weider op fräiwëlleg Impfungen. Dat ass eise Credo: fräiwëlleg Impfungen! Jo zur Impfung! Mir sinn net déi, déi Nee soen zur Impfung. Mir soe Jo, awer mir soen: Jo, fräiwëlleg. An dat wëll ech argumentéieren an ech wëll Iech et erklären. Mir wëlle keng Impfflicht!

Mir wëllen och déi Diskussioun hei an aller intellektueller ...

*(Interruption par M. Sven Clement)*

... Rou féieren. Well an engem Klima vun Angscht kann een dach net zu rationale Konklusiounen kommen. „Angst essen Seele auf“, sot de Rainer Maria Fassbinder eng Kéier, an dat ass absolutt richtig. Kommt, mir féieren déi Diskussioun an intellektueller a moralescher Rou. Mir musse kucken ... D'Dokteren, wësst Der, déi kucken, wéi ech grad gesot hunn, a mat vollem Recht -mat vollem Recht! - no der Gesondheet vun hirem Patient.

Als Politiker musse mer awer och no der Gesondheet vun eiser Gesellschaft kucken. Mir dierfe keen ausgrenzen, mir müssen déi demokratesch Kultur héichhalen. Mir wëlle keng Entgleisunge bei Demonstratiounen a mir wëlle keng Repressioun an intellektueller a moralescher Rou. Mir musse kucken ... D'Dokteren, wësst Der, déi kucken, wéi ech grad gesot hunn, a mat vollem Recht -mat vollem Recht! - no der Gesondheet vun hirem Patient.

Als Politiker musse mer awer och no der Gesondheet vun eiser Gesellschaft kucken. Mir dierfe keen ausgrenzen, mir müssen déi demokratesch Kultur héichhalen. Mir wëlle keng Entgleisunge bei Demonstratiounen a mir wëlle keng Repressioun an intellektueller a moralescher Rou. Mir musse kucken ... D'Dokteren, wësst Der, déi kucken, wéi ech grad gesot hunn, a mat vollem Recht -mat vollem Recht! - no der Gesondheet vun hirem Patient.

Jo, kuckt, mir hunn hei eng Situatioun - wann ech de Staat hei kucken iwwert déi lescht Zäit -, an där mer eng dominant Regierung hunn, eng komplett dominant Regierung. Allkéiers gi Pressekonferenzen gemaach an et ass natierlech politesch interessant fir d'Regierungsmemberen, dacks op Pressekonferenzen ze sinn. Mee et ass och schonn e Klima vun enger gewësser Psychos an eiser Gesellschaft.

All Moie lauschteren ech d'Neiegkeeten, all Moie kommen Inzidenzzuelen. Déi meeschte Leit kënnen dat jo net méi rational anuerdnen. Nëmme e ganz, ganz kleng Prozentsatz vun deenen Inzidenzzuelen, déi mer all Moien ze héiere kréien - e puer Dausend esou - féieren iwwerhaapt zu enger Krankheet. A vun deenen, déi krank ginn, kommen nëmmen wéineg Leit an eng Klinik. A vun deenen, déi an d'Klinik kommen, kommen nach laang net alleguer op eng Intensivstatioun.

Mir müssen oppassen, datt mer net e Klima vun Angscht verbreed, well ee wéi gesot an engem Klima vun Angscht keng gutt Politik mécht. Et soll e politesch Klima sinn, deen engem demokratesche Staat gerecht gëtt, net e Klima vun Dirigismus a Repressioun.

D'Fräiheet an d'Verantwortung sinn déi Begrëffer, déi mer brauchen, an dat geet mateneen an net géinteneen. Ech wëll och warne virun enger Iwwermoralisierung vun der Debatt. Dat héiert ee jo ganz dacks: D'Fräiheet hält do op, wou deem anere seng ufänkt. Dat ass eng moralesch Pflicht, eng eethesch Verantwortung. Dat huet alles e Kär vu Wourecht, dat wëlle mer net ofstreiden.

Awer mir kënnen net higoen an all Debatt mat moraleschen Argumenter féieren, well da gëtt et herno déi Ausweelosegkeet. Da kënne mer dat an all Politikberäich maachen, datt dat wierklech eng Verantwortung ass. Mir kënnen dat alles dréinen, vum Klima bis ech weess net wou. Da kënne mer alles esou dréinen an et ass net, datt mir ... Mir hätte gär de Pro a Kontra vu rationalen Argumenter. An do loosse mer déi moralesch Keule do emol ewech!

Wéi argumentéiere mir? Ech hu scho vun de Grondrechter geschwat. Et muss ee kucken, datt een ëmmer ofweit, wat néideg, wat sënnavoll ass a wat am mannsten intensiv ass. Mir wëssen haut vill iwwert de Covid. Jo, et ass eng potenziell déidlech Krankheet, mee et ass och kee blanne Killervirus. Gottseidank, gottseidank! Mir wëssen haut, wie menacéiert ass. Mir wëssen et relativ genee. Mir wëssen, datt eeler Leit, midd Leit besonnesch menacéiert sinn, staark Fëmmerten, Dialyspatienten, Arterioskleros, Bluthéichdruck, geschwächten Immunsystem. Alles dat si klassesch Phenomene vu Leit, déi e besonnesche Risiko hunn.

An d'Madamm Lenert selwer huet virdu gesot, de Risikogrupp wär erkennbar. Jo, mir wëssen, wie menacéiert ass. A wa mer dat wëssen, firwat gi mer dann hin, a mir wëllen d'Leit impfen, déi selwer keen oder praktesch kee Risiko hunn? Ass dat verhältnisméisseg? Da kënne mer natierlech soen: Et ass, fir déi aner ze schützen.

Mee ech zitieren hei - et gëtt jo Leit, déi ganz gär zitieren, mir hunn där och elo viru Kuerzem bei menge Virriedner héieren - bekannt Virologen, déi och op der däitscher Televisioun waren - et gëtt jo vill Leit, déi däitsch Televisioun kucken -: Streeck, Drosten. Allenzwee hu se gesot, allenzwee: „Die Impfung ist Eigenschutz und kein Fremdschutz.“ An dat muss ee wëssen, datt muss ee verstoen!

Wie geimpft gëtt, aus enger Rei Grënn, well een och kann de Virus weider iwwerdreen, well d'Wirkung vum Impfstoff relativ séier ofhëlt ... Et schützt deen Einzelne virum schwéiere Krankheitsverlaf. Normalerweise! Dat ass och ganz gutt esou. Mee et ass kee Schutz géint iwwer aneren onbedéngt, well een awer kann de Virus viruginn. Jo, manner warscheinlech, mee et kann een. An dat ass einfach de Grondprinzip.

An dofir muss een, wann ee wëll Leit de Cordon sanitaire ... ass et vill besser, permanent ze testen - well dann huet een en aktuell an zuverlässig Ergeebnis -, wéi wann ee virun e puer Méint geimpft ginn ass an een net weess, wéi do iwwerhaapt nach de Wirkungsgrad ass.

Kuckt emol: Déi kierperlech Integritéit ass jo e ganz wichteg Facteur, de Verfassungsprinzip op Respect de la vie privé. Däerf de Staat dat iwwerhaapt? Däerf de Staat medezinnesch zu engem soen: „Hei, Du gëss elo geimpft!“ Mir hunn eng Rei Iwwerleeungen hei. Mir wëssen, et gëtt ganz vill medezinnesch Argumenter do dergéint. Kuckt, mir wëssen zum Beispill net, wéi

d'Laangzäitwirkung vum deem Impfstoff sinn. Mir wëssen et net! Natierlech gëtt gesot - dat hu Verschiddener eis erkläert -: „Mir hunn awer eng breet ...“, et gëtt vill Leit, déi geimpft gi sinn“, mee och bei deene wësse mer net, wéi d'Laangzäitwirkung sinn.

Mir sollten dach net vergiessen, wat mer an der Vergaangenheet och net Erfahrungen haten. Erënnert Der Iech un d'Affär Contergan, bei där mer dat och als Wonnermittel verkaf kruten? Wéi vill Kanner mat Behënnerunge sinn herno gebuer ginn? Och dat wësse mer net.

Ech wëll net soen, datt déi Impfstoffer och dat kënnen als Konsequenz hunn. Ech wëll just soen, mir kennen d'Laangzäitwirkungen haut net an dofir sollte mer virsiichteg sinn.

*(Brouhaha)*

Ech versti komplett, wa jonk Fraen zum Beispill, déi spéider nach wëlle Kanner kréien, soen: „Hei, ech weess et net, wat d'Laangzäitwirkung kënne sinn. Ech wëll mech also elo net impfe loosse.“ Dat kann ech absolutt verstoen.

Mir hunn eng Diskussioun ronderëm d'Wierksamkeit vun deenen Impfstoffer. Länner, an deene ganz vill geimpft gouf - Portugal an Irland -, ware kuerz drop erëm Héichrisikogebitter. Mir wëssen, bei der Omikron-Variant ass d'Wirkung ganz niddreg, eebe wat d'Iwwerdroung ugeet, a mir hu keng Anung, wéi et bei zukünfteg Variante ka sinn.

Derbäi kënnt, datt eminent Virologen - an d'Madamm Lenert kennt déi Diskussioun, well si huet se d'lescht Woch bei der Diskussioun ronderëm déi Petitiounen selwer genannt -, ... datt mer elo geschwënn eng nei Generatioun vun Impfstoffer kréien. Eng nei Generatioun vun Impfstoffer, déi och soll géint nei Mutante besser kënne wirken an och d'Ausbreedung an d'Krankheet stoppen, wat jo eigentlech eng Charakteristik vun engem Impfstoff soll sinn!

Also déi nächst Generatioun. Da stellt sech natierlech d'Fro - well och d'Madamm Gesondheitsminister dat absolutt weess, si huet et selwer gesot -, ob een elo soll eng Impfflicht aféieren, wou deen Impfstoff nach net do ass. Anescht ausgedréckt: Mir impfen elo mat engem Impfstoff, vun deem mer wëssen, datt e geschwënn duerch eng nächst Generatioun Impfstoff wäert ofgeléist ginn. Wéi vill Impfungen musse mer maachen, wa se dann obligatoresch ginn?

De Passe vaccinal, deen ass elo op néng Méint Durée limitéiert. Néng Méint! Dat heescht, et muss ee sech warscheinlech all néng Méint, fir datt een erëm als geimpft gëllt, impfe loosse. Och de Booster, huet d'Madamm Lenert eis erkläert, kritt e Verfallsdatum. Mir wëssen nach net, wéini, mee och do gëtt gesot, datt deen och eng Kéier eng beschränkt Dauer huet. Dat heescht, et ass eigentlech en Abonnement op Impfungen, wat een da muss huelen, well et ass jo näischt anescht. Et ass éischter en Traitement, also vill Méint eng Impfung. Awer mir wëssen net, mir wëssen net, a keen heibanne weess dat, wéi dann d'Wirkung ass vu kumulativen Impfungen op eisen Immunsystem. Dat wësse mer net. Dofir géif ech mengen, sollte mer awer oppassen.

Dann: Mir hate schonn e puer Leit ... Ech wëll dat och soen: Et soll een de fräie Choix hu vum Impfstoff -evident! -, wann ee sech schonn impfe léisst.

An dann déi ganz wichteg Consideratioun vun den Niewewirkungen. Wësst Der, mir wëssen, datt et Niewewirkungen gëtt. Ech wëll net an Zifferen eragoen, an Zuelen an esou weider. Dat ass ëmmer ëmstridden. Eng op 5.000 kann déidlech sinn an esou weider. Déi Leit, déi sech domadder beschäftegen, déi wëssen dat. Mee mir hunn hei am Land



warscheinlech en Underreporting, also op jidde Fall, et ass d'lescht Woch gesot ginn an et ass vum Tarif geschwat ginn. Et ass relativ ëmständlech, esou Saachen ze mellen.

Mee mir hunn awer hei am Land, mat der Pharmacovigilance, och d'Zuele vu villen Hospitaliséierungen, vun eelef warscheinlechen Doudesfäll am Zesammenhang mat dem Impfstoff. An dofir ass et och ganz wichteg, en éierleche Reporting ze maachen. Mee wat wichteg ass, déi eethesch Fro ass déi heiten: De Staat weess, well mir wëssen et alleguer, datt och Niewewierkunge vun den Impfstoffer existéieren, déi och potenziell kënnen déidlech sinn.

Wann also de Staat higeeet an e schreift d'Impfung vir, weess de Staat, datt e mat enger gewëssener statistescher Warscheinlechkeet och Doudesfäll provoziert. Dat ass einfach esou.

Et kann een natierlech soen: Jo, mee vill manner wéi mam Covid géife stierwen. Mee dann ass awer déi ganz Diskussioun, an dofir wollt ech déi hei oprechnen: Kann de Staat Mënscheliewe géinteneen oprechnen?

Just eng Erënnerung. Mir haten hei virun e puer Joer eng Diskussioun ronderëm de Renegade, wann Der Iech erënnert. De Renegade ass deen Zenario, an deem e Fliger entfouert gëtt vun Terroristen, fir eng grouss Zuel vu Leit dout ze maachen. Do ass dann d'Diskussioun gewiescht: Däerf een dee Fliger ofschéissen - do sinn da mengetweegen 100 Leit dran -, fir ze verhënneren, datt en an de Fußballstadion flitt, wou vläicht dann 1.000 Leit sinn?

An deemools hunn d'CSV an déi dräi Gambia-Parteien dergéint gestëmmt, well se gesot hunn, et däerft ee Mënscheliewen net géinteneen oprechnen. Ganz interessante Rasonement. Et ass de Prinzip vun der Indisponibilitéit vum Liewen an et däerf ee Leit net géinteneen oprechnen. Dat heescht, de Staat däerf net beim Renegade eng kleng Zuel vun Affär a Kaf huelen, fir eng grouss Zuel vun Affär ze verhënneren. Dat war de Rasonement. Mee dat géllt hei jo och.

Mutatis mutandis géllt dat och! Dat heescht, déi Leit, déi soen, de Staat däerft eng Impfflicht aféieren, quitte datt e weess, datt domadder och eng Rei vun Doudesfäll provoziert ginn - dat ass eeben de statisteschen Effekt -, fir eng grouss Zuel vu Coronadoudengen ze verhënneren ... Jo, déi Parteien, déi dat virun zwee oder dräi Joer hei refuséiert hunn, déi kënnen jo haut net de Contraire stëmmen. Dofir wëll ech och just warnen.

Mir wëllen och mol ganz kloer soen, datt et och Onsécherheete gëtt bei der Zuel vun Affär. Wat elo? Wien ass wierklech e Coronadoudengen? Mir hunn der elo iwwer 900, an dat ass schrecklech. An da gëtt gesot, „Si si un oder mat dem Virus gestuerwen.“ Mee wat war wierklech d'Doudesursaach?

Den Här Werer vum CHL, deen hat jo elo de 7. Januar op RTL gesot, déi allermeeschte Leit, déi trotz Impfung an der Reanimation géife landen, hätten aner schwéier medezinnesch Problemer, zum Beispill Leit mat engem Autosaccident. Mee wann déi e positiven Test hätten, da géifen déi och gezielt als un oder mam Virus gestuerwen.

D'selwecht d'Madamm Gesondheetsminister: Si huet an enger Question parlementaire vum 10. Dezember 2021 geäntwert: « Effectivement, toute personne disposant d'un test PCR positif est automatiquement comptabilisée dans les statistiques Covid-19. » An dat sinn der net weineg! Aleng vum 1. September 2021 bis zum 10. Dezember 2021 waren dat der 171.

Dat heescht, mir wëssen also net genee, wann een net alkéiers eng Autopsie mécht, wat eigentlech

d'Doudesursaach war. Dofir muss een och oppassen, datt een net op där enger Säit en Underreporting huet bei den Niewewierkungen an op där anerer Säit déi Zuel vu Leit dramatiséiert, déi effektiv haaptursächlech um Covid gestuerwe sinn.

Da muss een och kucken, datt een de Begrëff vun der Solidaritéit awer net iwwerstrapazéiert. Do muss een och kucken ... Et muss ee Leit cibléiert schützen an et sollt een awer och higoen ... A wann ee vun intergenerationaler Solidaritéit schwätzt, muss een awer och deenen eelere Leit - déi si besonnesch menacéiert - noleeën, datt se sech impfe loosse. Och dat ass en Deel, fir deene Jonken hir Fräiheet zréckzeginn, fir datt eeben déi eeler oder menacéiert Leit awer éischer dee Wee ginn, fir sech dann eebe fräiwëleg impfen ze loosse.

Mir wëssen och net, wéi d'Reaktivitéit vum Immunsystem sech entwéckelt iwwer d'Zäit. Do gëtt et eng Etüd aus England. Do gëtt et awer eng grouss Polemik ronderëm. A mir hunn als neie Facteur elo Medikamenter. Mir hu Paxlovid bestallt an dat däerf een dann och net aus den Ae verléieren, datt mer elo effikass Medikamenter hunn, soudatt déi Impfflicht awer trotzdeem och muss an engem anere Licht gesi ginn.

Also: sektoriell Impfflicht. Mee dat géif dozou féieren, datt Leit vu 50 Joer, déi hei am Land wunnen, niewent Leit vu 50 Joer schaffen, déi aus dem Grenzgebitt kommen; déi eng si geimpft, déi aner net. Do kann ee sech dann och Froe stellen. Am medezinnesche Beräich ass et esou, datt eng sektoriell Impfflicht kann dozou féieren, datt d'Leit sech berufflech ëmorientéieren. Well et ass nun eemol esou, datt och an der Fleeg an am medezinnesche Beräich ganz vill Leit net geimpft sinn. A mir wëllen déi net verléieren, wëllen net, datt déi elo dowéinst ophale mat schaffen oder sech berufflech ëmorientéieren. Dee Risiko besteet.

Mir si géint eng Erpressung, Nötigung oder Coercition vun deene Leit, well et riskéiert een, seng Aarbechtsplaz ze verléieren, wann een dat dann net mécht. Dat ass an eisen Aen net korrekt. An dat ass also och eng Argumentatioun, wëll och soen, datt och eng sektoriell oder altersbedéngten Impfflicht dach nëmme zu Diskriminatiounen féiert an och fir eis net dee richtege Wee ass.

Politesch ass et ganz einfach esou, datt jo keen heibanne seet, datt wann eng Impfflicht ageféiert gëtt, dat dann heescht, datt mer elo d'Restriktiounen kënnen ophiewen. Dat gëtt et net! Dat heescht, et ass och nach eng Impfflicht mat all deene medezinneschen a rechtliche Problemer, déi domadder verbounne sinn, ouch datt kloer eng Promesse derhannert ass, datt domadder de Wee an eng Normalitéit, eng gesellschaftlech Normalitéit méiglech ass. Natierlech kann d'Regierung déi Promess och net ginn an der Logik vun hire Moosnamen. Mee da muss een awer och wëssen, datt eng zousätzlech Laascht op d'Leit geluecht gëtt, ouch awer eng kloer Perspektiv fir op där anerer Säit eng Erlichterung.

Mir hunn och déi Impftauxen. Do gëtt gesot, dat misst eng kollektiv Immunitéit ginn an esou weider. Mee kuckt Iech dach déi Statistik u vum 6. Januar! Dat ass elo déi lescht, déi mer kritt hunn. Bei deene Kategorien iwwer 40 Joer leie mer dach wäit, wäit iwwer 80 % Impfung. Dat ass dach praktesch eng Härdenimmunitéit, wäit iwwer 80 % bei allen iwwer 40 Joer. An dat muss een, datt muss ee jo awer och gesinn, datt mer scho praktesch eng Härdenimmunitéit hei am Land erreecht hunn.

Dat Argument vun der Iwwerbelaaschtung vun de Spideeler, do kommen ech ëmmer mat grousser Freed drop zréck, well dat ass eent, wou mir awer ganz

kloer soen, datt dat e Resultat vun der Gesondheetspolitik vun der LSAP ass. Ech hunn hei d'Äntwert op d'Question parlementaire vum Här Engelen vum 14. Dezember, ganz rezent: 1993 hate mer 3.023 Better, 2018 hu mer der 800 mander, 2.233, bei engem enorme Wuesstum vun der Populatioun. D'Question parlementaire vum 14. Dezember 2021 vum Gesondheetsministère. Matgezielt sinn d'Better vun de Soins intensifs, Soins normaux a Psychiatrie aiguë. Also et ass eng Statistik, déi ganz kloer ass.

Da soe mir, mir hätte gär méi Better an de Spideeler, Proposition de loi Jeff Engelen. Da seet d'Regierung eis, d'Madamm Lenert seet eis: „Majo Better, dat geet dach net duer, mir brauchen och Personal!“ Mee mengt Dir, mir wëilten eng Miwwelausstellung organiséieren an de Spideeler? Wa mir soen, Spidolsbeter, ass dat en therapeutescht Konzept! Dat sinn Dokter, dat ass d'Personal ronderëm, dat ass net e Miwwelstéck! Dat ass selbsterständlech en therapeutescht Konzept!

Wësst Dir, datt mir mat dat eenzegt Land sinn, wat null Reserven huet, null - null! - Reserven am Gesondheetssystem? An d'Spidol gëtt elo näischt an d'Militärspidol, dat léisst op sech waarden. Mee dat ass dach eng onverantwortlech Politik!

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | A mir hu bis elo kee misse verleeë contrairement zu anere Länner.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An och Dir, Madamm Lenert, Dir sidd och elo zwee Joer Gesondheetsminister, et ass wouer. Dir sidd vill beschäftegt mat de Pressekonferenzen, mee och Dir, ...

**Une voix** | Elo geet et awer duer!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... och Dir hutt bis elo kee Konzept virgeluecht, ...

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Et gëtt net besser, Här Kartheiser, et gëtt net besser!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... fir eis Spideeler opzeiichten ...

**M. Gilles Baum** (DP) | Dat do ass awer schwaach. Dat ass ganz schwaach, dat do!

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... an ze kucken, datt mer Reserven hei am Land hunn, wéi dat sech gehéiert.

*(Interruption)*

Well wat Dir maacht, ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Mir fänken un, ënnerierdesch ze ginn!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... dat ass ze soen: „Mir wëllen d'Spideeler net iwwerbelaaschten!“

**M. Gilles Baum** (DP) | Schwätzt emol zum Thema!

*(Interruptions)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mee et ass eng Ëmverdeelung. Dir hutt eng Gesondheetspolitik gemaach iwwer Joren, wou Der Spidolsbeter ofgebaut hutt. An elo wëllt Der eng Impfflicht aféieren. Dir wälzt d'Verantwortung fir Är Politik op déi allgemeng Populatioun of, amplaz eng falsch Politik ze korrigéieren, déi Dir säit Jore féiert!

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Dir hätt also léiwer, dass d'Leit am Spidol léichen?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Kuckt, datt mer eis Spideeler an eist Gesondheetswiesen opbauen!



**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Dir hätt also léiwer, dass d'Leit am Spidol léichen!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Kuckt, datt Der se opbaut ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... an net d'Leit d'Konsequenzen droe loosst vun Ärer Incapacitéit, fir eist Spidolswiesen ze stäerken!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Dir hätt léiwer, dass d'Leit am Spidol léichen!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Elo gitt Dir awer frech!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dann, mir wëssen net ... An dat ass och nach bei deene politeschen Argumenter: Net nëmme, datt mer do déi Problemer am Spidolswiesen hunn, mee mir wësse jo net ... mir hunn net all d'Donnéen. Dir hätt gär, datt mir hei akzeptéieren, datt mer eng Impfflicht aféieren, a mir wëssen emol net, wéi d'Situatioun um Terrain ass. Ech wëll just hei drun erënneren: Den Här Keup huet zwou Question-parlementaire gestallt - an ech mengen, et war elo d'Madamm Lorsché, déi ass nach drop agaangen, op dee Bremer Modell - fir ze froen: Gëtt et hei lokal Problemer? Si Problemer do? Et gëtt net doriwwer geschwat. D'Regierung seet eis, déi Donnéeë wieren net ëffentlech accessibel. Dat heescht, mir kréien net alles gesot, mir sollen awer enger allgemenger Impfflicht zoustëmmen. Dat kënnt dach net a Fro!

An dann, kuckt emol, mir wëssen net mat de Strofen. Wéi vill Noimpfungen sollen dat da sinn? Dir sot: „Mir müssen eng Strof aféieren!“ Also mir wëlle keng Impfflicht, mir wëllen och keng Strofen, well dat ass éischters emol och net sozial, mee dorëm geet et net. Ëmmer erëm impfen, ëmmer erëm bestrofen, wat ass dat da fir e Gesellschaftsmodell, deen Der eis hei proposéiert?

Et ass genau esou - an dat ass och eng LSAP-Saach, déi mir net verstanen hu bei der ADR - mam 3G op der Aarbechtsplaz. Dat trëfft dach déi sozial Schwaach! Dat trëfft dach déi sozial Schwaach, wann ee muss bezuelen, fir schaffen ze goen. Et gëtt Leit, déi kënne sech do fräikafen, mee dat ass ... An da kënnt eng Partei, wou och nach ... D'Gesundheitsministesch ass an der LSAP, a mir féieren hei en 3G an, wou déi Leit, déi sozial schwaach sinn, mussen bezuelen, fir schaffen ze goen. Ma ech felicitéieren Iech fir déi sozialistesche Politik, déi do dohannert ass. Dat ass dach net akzeptabel!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Impfe kascht näischt!

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Impfen ass gratis!

*(Interruptions et coups de cloche de la présidence)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An hei ass et d'selwecht mat de Strofen, déi dann ëmmer erëm solle kommen, 250 Euro oder 500 Euro, wéi d'CSV proposéiert, all puer Méint. Majo ass dat eng sozial Politik? Also et ass dach net ze akzeptéieren, dat doten!

*(Interruption)*

Dir maacht elo schonn, an dat hutt Der selwer zouginn, e verstoppten Impfwang fir déi sozial Schwaach.

**Une voix** | O!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Da wëll ech och nach soen: Et gëtt jo och déi international Argumenter mat de Frontalieren. Dat ass eng Situatioun, wou mir dann an d'Grondrechter vu Leit agräifen, déi net eis Nationalitéit hunn, net an eisem Land wunnen. Ech

fannen dat extreem komplex an extreem problematesch. Mee et muss een och soen, an dat soen och d'Kolleege vun deene Lénken herno, datt dat eng Rei vun internationale Solidaritéitsfroen opwerft. Dat ass eng Fro vun der Impfflicht hei.

Ech wëll just soen, ech ginn elo net an déi Argumenter an, déi Kolleege vun deene Lénke wäerten dat nach am Detail maachen. Mee ech wollt just soen, datt mir an der ADR och denken, datt déi Iwwerleeungen am Prinzip valid sinn. Et ass valid, fir eis Froen ze stellen, ob mir elo jidderee sollen dräi- oder véierfach impfen, wann op anere Plazen op der Welt 10 % vun der Populatioun geimpft sinn. Och déi Fro kann ee sech absolutt stellen.

Et gëtt international Engagementer, déi mer geholl hunn, och an der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe, wou mer gesot hunn, mir sollten derfir suergen, « que personne ne subit de pressions politiques, sociales ou autres pour se faire vacciner ». An hei gëtt eng grouss Diskussioun geféiert, wou just de Contraire gemaach gëtt zu Engagementer, déi mer awer scho geholl hunn.

Also fir eis ass ganz kloer, aus all deene Grënn - aus politesche Grënn, aus medezinnesche Grënn, aus gesellschaftleche Grënn, wou mer d'Leit wëllen zesummeféieren an net déi Grief verdéiwen, déi mer an der Gesellschaft hunn -, datt fir eis eng obligatoresch Impfflicht net a Fro kënnt.

An et ass ... Wësst Der, mir brauchen net e Mangel un Argumenter - well Dir hutt Der net vill - ze ersetzen duerch méi e staarke gesellschaftlechen Drock. Mir si fir d'fräiwëlleg Impfung. A mir wëllen och, datt mer zrëckkommen an eiser Gesellschaft, ewech vun deene Verurteelungen vun anere Leit, vun deenen Theorien, datt déi, déi sech net impfe loosse, Schold sinn un enger Situatioun. Dat ass net wouer!

**Une voix** | Ewech vun der Meinung vun den Experten.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jidderee kann de Virus iwwerdroen. Mir wëllen net, datt Leit diskreditéiert ginn als Schwurbler oder als wëssenschaftsfeindlech oder als Gott weess wat, well ech hunn Iech dach grad just e puer Argumenter genannt, déi weisen, datt et rational a gutt Ursaache gëtt, fir sech géint eng Impfflicht ze stellen: also medezinnescher an och juristescher a politescher. Firwat soll een dann, wann een esou Argumenter huet, diskreditéiert ginn als Verschwörungstheoretiker oder soss eppes? Ma respektéiert dach d'Leit a respektéiert hir Meinungen!

Mir brauchen och kee repressive Klima géint Beamten, déi impfkritesch sinn. Firwat dann? Si sinn Dénger vum Staat, vun eiser Verfassung. Si sinn net Dénger vun der Regierung. A loosst och de Beamten hir politesch Fräiheet.

**Une voix** | Sidd Dir da geimpft?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech hoffen, datt ... Ech si geimpft. Jo, dräimol.

An dann an der Press - an dat ass en Appell, deen ech hei un d'Journaliste riichten -, wär et dann net schéin, wa mer och an eiser Press geifen zrëckfannen zu engem Toun vun Objektivitéit a vu Respekt?

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Dir sidd deen Éischten, deen ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dat wär dach schéin.

**Mme Simone Beissel** (DP) | Dir sidd deen Éischten, deen ...

*(Interruptions)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, jo.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**Une voix** | Grad dee Richtegen!

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Wësst Der, wat mir gär hätten? Mir hätte gär als ADR, mir wëlle keng Verharmlosung vun der Krankheet, mee mir wëllen op där anerer Säit de Respekt vun deenen, déi mat gudden Argumenter géint eng Zwangsimpfung oder eng obligatoresch Impfung ginn. Mir hätte gär eng Léisung an engem gudden Geescht vun engem Lëtzebuerger Modell. E Modell vu Respekt, vu Solidaritéit, vu Fräiheet a Verantwortung, esou wéi mer dat zu Lëtzebuerg virun Iech ëmmer gemaach hunn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Ganz gutt!

*(Interruptions)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleege an Kolleegeinnen, fir d'éischt emol e grouss Merci un all déi, déi immens vill Advise geliwwert hunn an deene leschten Deeg a Wochen. Et ass jo erëm en enormen Effort, deen hei geliwwert gouf vun den Experten an natierlech och vun all deenen anere Kummeren a Gruppen.

Ech mengen, et gouf hei scho ganz dacks gesot, an ech si souguer mat Leit averstanen, mat deenen ech seelen averstane sinn, wéi den Här Premierminister, dee seet: „Et gëtt keen absolutte Jo a keen absolutten Nee an dëser Fro.“ An ech mengen, dat hu vill Leit gesot. Ech mengen, do si mer eis zumindest eens zu ganz vill, wat déi hei Fro ugeet. Dat ass fir mech op jidde Fall och scho ganz laang kloer.

Ech soen et och direkt, an Dir wësst et vläicht och schonn zum Deel: déi Lénk ass am Moment net fir eng Impfflicht, mee mir verschléissen eis awer net prinzipiell der Impfflicht, wa se sech als noutwendeg erweist a wa se wëssenschaftlech ënnermauert ass.

Den Ament gesinn ech awer keng wëssenschaftlech Donnéeën, déi eis beleeden, dass d'Impfflicht de Wee eraus ass. Mir schwätze vun der Impfflicht an net vun der Impfung. D'Diskussioun gëtt nämlech dacks vermëscht, an dat fällt mer immens oft op, wa mer matenee schwätzen oder och dobaussen, dass d'Argumenter fir eng Impfung u sech geholl ginn, fir fir eng Impfflicht ze argumentéieren. An dobäi sinn d'Argumenter u sech déi fir d'Impfung, fir den Taux vaccinal an d'Luucht ze bréngen. An ech mierke wierklech, ech versiche wierklech ze héieren, wou d'Argumenter fir d'Impfflicht sinn. Ech héieren awer haaptsächlech Argumenter fir d'Impfung, fir den Taux vaccinal an d'Luucht ze setzen.

Et ass menges Wëssens no dann och net beluecht, wat eng Impfflicht haut bréngt. Wéi en Impakt genee wäert se hunn? Wéi en Ënnerscheed wäert se genee maachen zu der Situatioun, an där mer haut sinn, déi am Endeffekt fir eis schonn eng indirekt Impfflicht ass?

Wa mer net wëssen, wéi e Resultat, oder anescht gesot, wéi eng Avantagen eng Impfflicht huet, also wéi eng Avantagë mer kënnen dovunner erwaarden, da kënne mer och net soen, ob dës Moossname proportional sinn. Mir mussen se jo kënne moossen. Dat kënne mer awer net, dofir steet fir eis de Kritikär vun der Proportionalitéit am Raum an ass och net erfëllt, well mer net genee wëssen, wouhin mer kënne kommen. Et gi keng Etüden doriwwer, déi genee



soen, wouhinner mer mat enger Impfflicht kommen, wat et fir en Ënnerscheed wäert maachen.

Wat sécher ass, ass, dass den Impftaux eropgeet, an dat ass och gutt. Dat ass benefique, dat ass sécher. Mir wëssen net genau, wéi en Taux mer brauchen, wouhinner mer musse kommen.

Ech ka mech dann och just wonnere iwwert déi automatesch Spréng, déi gemaach ginn, fir vun den Argumenter fir eng Impfung op eng Impfflicht ze kommen. Also ech gesinn do wierklech esou Automatismen passéiere vun der Impfung op d'Impfflicht, mee fir mech gëtt et do keng definitiv Relatioun.

Et gëtt da gesot, dës Impfflicht, dës Wee wär alternativlos, deemno néideg. Ech si beim Krittär vun der Necessitéit. Eiser Meenung no stëmmt dat net. D'Impf-campagne ass net op d'Leit duergaangen an och net op si agaangen. Si huet se net do ofgehall, wou se sinn.

Zwou Saachen: Dat sinn d'Argumenter an d'Demarche.

Zu den Argumenter: Natierlech sinn d'Argumenter do - d'Regierung huet se och benotzt an huet se och agesat -, mee se ass net genuch op d'Ängschten agaangen, op d'Skepsis, op d'Viruteeler. Si huet d'Leit net do ofgehall, wou se sinn, wou se sëtze mat hiren Ängschten.

Vun der Demarche hir: Op den Terrain goen, an d'Quartiere goen, esou wéi se et zu Breme gemaach hunn - dat huet d'Madamm Lorsché och schonn eng Kéier hei ugeschwat -, cibléiert a proaktiv op d'Leit agoen, och dat ass net gemaach ginn. Mir sinn net no genuch bei d'Leit gaangen, an dat an engem Geescht vun Oppenheet an net, wou een d'Leit schonn am Vir-auser jugéiert.

Mir haten dat och eng Kéier abruucht, wéi mer gefrot hunn, mat de Gemengen a mat den Associatiounen zesummenzeschaffen, eebe grad op den Terrain ze goen. Do krute mer gesot, dat wär scho gemaach ginn, et wär also scho mat de Gemengen a mat den Associatiounen zesummegeeschafft ginn, fir d'Impfung an d'Luucht ze bréngen.

Abee, ech wëllt wësse vun der Regierung: Wou genee ass dat gemaach ginn? Mir hunn op jidde Fall keng esou Donnéeë kritt. Wou genee, a wéi enge Gemengen, a wéi enge Quartieren, wéi dacks, mat wéi engen Acteuren? Wie war implizéiert? Wéi eng Kommunikatiounskanal goufe benotzt? A wéi vill Leit hutt der erreecht a mat wéi engen Associatiounen ass dann zesummegeeschafft ginn? Wéi gesot, mir krute gesot, dat wär gemaach ginn. Ech géif wierklech gäre wëssen, wat genee do geschitt ass, fir dass mer dat och kënnen evaluéieren, wann do eng schifgelaf ass, firwat mer net genuch Leit iwwert dee Wee erreecht hunn.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | An elo wësse mer dann och iwwert d'Document de synthèse vun der Regierung, wien dann zum Deel déi Leit sinn oder zum groussen Deel déi Leit sinn, déi net geimpft sinn, an zwar déi sozioekonomesch schwach Leit.

Do stelle sech ganz vill Froen. „Firwat si mer dat net éischter gewuer ginn?“, froen ech mech. „Hat d'Regierung déi Donnéeën net éischter?“, géif ech gäre wëssen. A wat mécht si elo domadder? Well dat si ganz prezéies Donnéeën, ze wëssen, wien déi Leit sinn, déi net geimpft sinn. Da kéint ee jo elo, déi Kaart hu mer da jo elo am Grapp, geziilt op dës Populatiounen agoen. Ech gesinn dat wierklech als en duebelen Echec. Net nëmmen hu mer déi Leit net erreecht fir d'Impfung oder zum groussen Deel net erreecht fir d'Impfung, mee et sinn och déi

prekariéiertst Leit, déi souwisou scho vum éffentlechen, sozialen, politeschen, intellektuelle Liewen zum groussen Deel ausgeschloss sinn. Et ass also eng Fro vun Inklusioun. Déi Leit sinn zum groussen Deel schonn exclu. An et ass eng Fro vu sozialer Gerechtegkeet.

An ech mengen, d'Madamm Lorsché hat dat och vir-drun ugeschwat, wéi se vu Marseille geschwat huet. Wann ech mech net ieren, sot se, et wär e Spigelbild, also d'Impfkaart wär am Endeffekt och e Spigelbild vun der Gesellschaft. Et ass also eng sozial Fro.

Mir sinn also hei bei der Fro vun den Ongläichheeten an eiser Gesellschaft, déi sech erëmispigelen. Eng Impfflicht muss fir eis dann ...

Entschëllegt, ech hunn elo hei e Punkt iwwersprongen. Zu dëser Fro vun de soziale Gläichheete géif ech dann eeben och eng Motioun areeche.

### **Motion 3**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que l'atteinte d'un taux vaccinal élevé surtout parmi les populations cibles nécessite une campagne d'information et un travail d'organisation ainsi que des investissements d'envergure ;*

*- considérant que les données récentes de l'Inspection générale de la sécurité sociale en association avec les informations provenant de la Direction de la santé indiquent que pour les personnes non-vaccinées il s'agit en grande partie d'une population socialement marginalisée et précarisée ;*

*- considérant que les efforts investis jusqu'à présent dans la campagne de vaccination devront être multipliés et que ceux-ci devraient être menés de manière plus ciblée dans la mesure où certaines catégories de la population résidente n'ont pas été atteintes,*

*invite le Gouvernement*

*- à renforcer considérablement les moyens, à diversifier les outils de communication et à mettre en œuvre des nouvelles démarches et notamment un travail de proximité pour une campagne ciblée pour la vaccination en vue de rendre obsolète une obligation vaccinale contre la Covid-19.*

(s.) *Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.*

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Net, dass ech déi nach vergiessen. An da kommen ech bei den nächste Punkt.

Fir eis ass eng Impfflicht dann, Dir hutt et héieren, déi absolutt lescht Optioun. Si muss also alternativlos sinn. An dat ass se eiser Meenung no net. Dee Krittär ass also fir eis och net erfëllt.

Zum Krittär da vun der Legitimitéit. Ass dës Impfflicht legitim? Bon, dat ka jiddwereen e weineng esou ausleeën, wéi e wëll, déi Grille de lecture, déi een unhëlt, dee Brëll, deen een unhuet. Ech géif mech awer dem Avis vun der Mënscherechtskommissioun uschlëssen. An hirem leschten Avis soe si, dass d'Konditiounen net erfëllt sinn, fir d'Legitimitéit ze ënnermaueren.

Natierlech musse mer bedenken, dass d'Spidolspersonal säit zwee Joer ënner Dauerstress steet. Nach emol, mir wëssen awer net, wat eng Impfflicht genee bréngt. Mir hu keng Donnéeën, wou se eis genee hiféiert. An ech mengen, wann een esou eng déif agräifend Moosnam hält, da musse mer vill méi staark Donnéeën hunn, déi dat ënnermaueren. Bon, ech mengen, d'LSAP ass e bëssen op dee Wee gaang, fir och ze soen, mir bräichte méi Donnéeën, da kéint ee jo domadder weiderkucken. Deemno ass déi Impfflicht nach ëmmer net justifiéiert an eisen Aen, well mer net genuch Donnéeën hunn.

Dann ass et esou, dass fir eis immens vill Froen oppe sinn. Ech mengen, et si fir eis immens, immens vill Froen nach onkloer. D'Experte soe jo allegueren, wann déi Impfflicht kënnt, dann ass se ze spët fir den Omikron. Wann dat esou ass, da stelle sech immens vill Froen. Wéi e Variant kënnt duerno? Wéi e Vaccin wäerte mer hunn? Wéi ass d'Effikassitéit vun deem Vaccin, dee kënnt, op dee Variant, dee kënnt? Wéi dacks muss geimpft a geboostert ginn? Wéi en Taux musse mer errechen? Dat ass déi Fro, déi ech och scho virdru gestallt hunn. All déi Froen sinn op.

Kann d'Regierung zumindest een Deel vun dëser Fro beäntweren? Wéi en Taux musse mer erreche bei där Population cible, déi d'Experten an hirem Avis ugeschwat hunn, iwwer 50? Et ass jo da menges Wëssens och esou, dass an de Fleege- an Altersheemer e relativ niddregen Impftaux ass, an et ass anscheinend och esou, dass d'Direktiounen net wëssen, wéi en Impftaux dann an hiren Institutiounen ass. Do schéngt mer dann och Sputt ze sinn no uewen. An ech mengen, och do misst et méiglech sinn, op aner Manéieren, op eng pedagogesch Aart a Weis deen Impftaux nach eropzesetzen. A jo, wann een dat iwwert dee Wee nach ka maachen, wann do nach esou vill Sputt ass, dann ass och do fir mech eng Impfflicht net gerechtfertegt.

Eng aner Fro wier déi, déi och an der Nott vun der Regierung opgeworf gëtt. Wat hei nei ass, ass, dass déi Impfstoffer enger AMM, also enger Autorisation de mise sur le marché, conditionnelle ënnerleien. An ënnert där AMM ass den Titulär verflucht, ech zitëiere kuerz: « Le titulaire d'une AMM conditionnelle a des obligations spécifiques telles que celle de terminer ou de réaliser de nouvelles études dans un délai déterminé afin de confirmer que le rapport bénéfice/risque reste positif. »

An deem Kontext wëllt ech ganz gäre wësse vun der Regierung, ob si Nouvelen huet zu dëser Studien. Ech mengen, dat ass awer e relativ wichtige Punkt, wat dës Autorisation ugeet, an och d'Verantwortung par rapport zu de Vaccine selwer, wat jo och ëmmer nach eng Fro ass, déi am Raum steet.

**Une voix |** Dat ass an d'Weeër geleet.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Mir wëssen och elo, dass et net recommandéiert ass, ze vill dacks ze booster. D'EMA huet dat jo kierlech matgedeelt. D'EMA seet, dass et net gutt wier fir den Immunsystem, ze dacks ze booster. Also och dat ass nees eng Fro, déi am Raum steet, wann ee vun enger Impfflicht schwätzt. Dofir dinn ech mech schweier mat där Fro, well se schéngt mer eng theoreetesche Fro ze sinn, well eeben nach esou vill Froen oppe sinn.

Dann e Punkt oder e puer Wieder zu där Jurisprudenz vun dem Europäesche Mënscherechtshaff, wou och an der Nott vun der Regierung, wann ech mech net ieren, steet, dass een d'Referenz zu der Jurisprudenz soll nuancéieren, well si schreiwen, dass déi Vaccinen, vun deene rieds geet an der Jurisprudenz, Vaccine sinn, déi schonn an der Zäit eprouvéiert sinn, also déi scho laang do sinn, d'Krankheete sinn och scho laang do a bekannt. Hei handelt et sech awer ëm eng relativ nei Krankheet a relativ nei Vaccinen. Deemno wär déi Jurisprudenz, also déi Referenz ze nuancéieren. Ech mengen, dat ass awer och e ganz wichtige Punkt, wa mer dovunner schwätzen a wa mer dat als Argument huelen.

Da muss een dës Fro, also d'Impfflicht, awer och ganz kloer an hirem direkte Kontext gesinn. Mir sinn an enger infektiöser Well, wou immens vill Leit sech den Ament ustieche mat dem Omikron. De Pic gëtt fir Enn Januar, Ufank Februar erwaart. An eng Impfflicht kéim ze spët, wéi mer et scho wëssen, fir dës Well.



An e puer Woche soll en neien Impfstoff op Lëtzebuerg kommen, dee sougenannten Novavax, op dee vill Leit waarden. Mir wëssen alleguerten, dass eng Rei Leit op deen Impfstoff waarden. Dir alleguerte kritt och Maile vu Leit, déi eis schreiwen. An ech froe mech: Firwat waarde mer net einfach of a kucken, wéi et dann domadder ..., wat dann domadder geschitt, wéi vill Leit dann dorobber reagéieren? Dat ass och nach eng Kaart, déi mer hätten. Firwat waarde mer net op déi?

An ech drécken hei och nach eng Kéier ganz kloer eis Solidaritéit mam Spidols - a Fleegepersonal aus. Et ass net, well mir elo am Moment net fir eng Impfpflicht sinn, dass mir net op si lauschteren, dass mir si net respektéieren an dass mir si net ënnerstëtzen. Dat ass ganz kloer.

Här President, e ganz wichtegt Argument fir eis - an et ass virdu vum Här Kartheiser genannt ginn, wat eis e wéineg iwwerrascht huet - ass natierlech dat internationaalt Argument: Mir sinn an enger Pandemie. Eng global Pandemie brauch global Léisungen a keng nationalstaatlecher.

*(Interruptions)*

International gesinn dann, muss ee soen, dass een nëmme ka géint eng Impfpflicht sinn.

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift, et wier gutt, wann et e bësse méi roueg heibanne wier.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Vun Ufank un ass d'Pandemie awer mat nationalstaatlechen Interessie gefouert ginn. Déi international Solidaritéit ass net grouss-, mee klenggeschriwwen ginn. Eis Fuerderung och hei an der Chamber, fir d'Breveten op den Impfstoff ze suspendéieren, ass hei zweemol refuséiert ginn. Ech widderhuelen: Wann een d'Brevete géif suspendéieren, kéint een international d'Produktioun vun den Impfstoff eropfuere.

Mir kommen entweder all zesummen aus dëser Pandemie eraus oder guer net. Et ass eigentlech a mengen Aen total lächerlech, mee awer och ganz symptomatesch, wéi mir ëmmer erëm eis nationalstaatlech Interessien iwwert déi international Solidaritéit a Kooperatioun stellen, wéi wa mer eis kéinten ofschotten. Eh ben, déi Varianten, déi eis anhuelen ... An d'Santésministesch huet et ëmmer erëm gesot, dass déi eenzeg grouss Inconnue d'Variante sinn. Déi Variante sinn u sech e Rappel, dass mer net op enger Insel sinn, dass mer eis net kënnen ofschotten an dass all déi Maueren, déi mer och als Europäesch Unioun opbauen, eis net vill bréngen an och net vill wäerte bréngen.

An och d'OMS, d'Weltgesundheitsorganisatioun, seet et ganz kloer: D'Impfpflicht ass den allerleschte Schrëtt, déi allerleschte Moossnam, wann all déi aner Moossname sech als ineffikass erweisen hunn.

Mee elo mol och ganz praktesch: Wéi géif dann esou eng Impfpflicht logistesche émgasat ginn? Wéi wëllt Der dat organiséieren? Wéi setzt een dat duerch mat der Police a mat der Justiz? An zu den Impfcapacitéiten: Mir komme jo och elo schonn net no. Fir e Booster muss een dräi Woche waarden, fir e Rendez-vous ze kréien.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Awer och ganz konkret: Ech hunn elo virdu hei héiere vum Yves Cruchten, wann ech mech net ieren, dass et wäert schwéierfalen - ech sinn nach ëmmer bei der Organisatioun -, déi Amendes, wann ech richteg héieren hunn, sozial ze staffelen, well dat immens opwenneng wäert sinn. Ech hoffen, ech hunn dat richteg héieren.

Mee ech muss awer éierlech soen, mech schockéiert dat awer vun enger LSAP, dass ee seet: „Dat ass ze vill schwéierfällg, fir dat sozial ze staffelen.“ Wa mer wëssen, dass, wéi mer virdu gesot hunn, e groussen Deel vun deenen Ongeimpfte sozioekonomesch schwach Leit sinn, also déi, déi schonn am meeschten ausgeschloss si vun eiser Gesellschaft, kënne mer dach net soen, dass et ze vill schwéierfällg ass, fir dat sozial ze staffelen! Dir kënnt gären herno soen, wann ech falsch leien. Wann ech dat falsch verstanen hunn, kënnt Der mer gären ...

*(Interruptions)*

Et ass dann och net un eis, menger Meinung no. Mir sinn ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Wéi proposéiert Dir dat dann? Wéi proposéiert Dir dann, dat ëmzesetzen, wann dat esou einfach ass?

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Wat ass dann Är Propos? Wat ass dann Är Propos, Madamm Oberweis?

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, wien huet d'Wuert?

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Also ech mengen net, dass ech muss am Detail ... Mir sinn nämlech am Moment souwiso net fir eng Impfpflicht. An ech mengen och net, dass ech muss am Detail ... Ech kommen nämlech och elo ...

*(Interruption)*

Nee, mee wann Der et maacht, virun allem als LSAP, mengen ech, kënnt Der net einfach soen: „Et ass eis ze vill schwéierfällg, fir déi Fro unzegoen.“ Dir kënnt jo am Detail driwwer kucken, wann Der bis e Gesetz schreift. Dir hutt jo vir, d'Gesetz ze schreiwen, wann ech dat richteg gelies hunn. Da kuckt emol, ob et méiglech ass, wann Der bis amgaange sidd. Ech hoffen, meng Zäit ass gestoppt.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dir kënnt Iech jo awer virstellen, dass bei 40.000 Leit ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Däerf ech ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dir kënnt Iech jo awer virstellen, bei 40.000 Leit, déi dat dote betrëfft, wat fir en administrativen Opwand dat dote bedeit an dat ganzt Hin an Hier.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Meng Zäit leeft weider.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ech warnen awer do virdu.

*(Interruption)*

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Ech sinn net an der Regierung a mir proposéiere grad keng Impfpflicht. Mir proposéiere keng Impfpflicht, mir proposéieren eppes ganz anescht. Ech hunn och eng Motioun dozou eraginn, eebe grad well dat méi sozial gerecht ass. Also et ass dann och net un eis, an do sinn ech grad bei deem Punkt, déi sëllege Froen, déi mer gestallt kruten, ze beäntweren.

*(Interruption)*

Et ass nämlech ... Nee, nee, well mir hunn déi Donnéeën net. Ech hu virdu gesot, et feelen eis vill Donnéeën. Ech si kee Wëssenschaftler. Et gëtt jo ëmmer gesot hei, mir géifen all mengen, mir wäere Wëssenschaftler. Eh ben, ech si kee Wëssenschaftler. Ech kann net soen, wéi e Vaccin wéi oft an esou virun an esou fort. Et ass schéin a gutt, en Debat ze féieren, mee mir kënnen déi Froen an Ärem Katalog net am Detail beäntweren, well eis vill Donnéeën feelen.

Et gëtt een d'Gefill och net lass, dass schonn eng Entscheedung geholl gouf an dass d'Chamber quasi

erbäigepaff gouf, fir dësen Debat dann nach ze féieren.

Ech hu virdu de Premierminister héiere soen, se géifen den Avis vun den Experte suivéieren, dee wär alternativlos. Da froen ech mech: Firwat brauche mer iwwerhaupt en Debat? Mir kruten d'Fro gestallt: Brauche mer eng Impfpflicht? Firwat brauche mer dann den Debat, wann Der Är Entscheedung souwiso scho geholl hutt?

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift, e bësse méi roueg.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Ech hätt gär nach zwee lescht Wieder. Ech héieren och ganz vill hei vu Fräiheete schwätzen: „Wann d'Impfpflicht kënnt, da kommen eng Rei Fräiheeten erëm.“ Ech fannen dat immens geféierlech, elo ze soen, mir géifen eng Rei Fräiheeten zrëckginn.

Ech hunn d'Madamm Tanson héieren - wann ech richteg verstanen hunn, si ka mer soen, wann ech se net richteg verstanen hunn -, dass et eent vun den Ziler wier, een Deel vun de Fräiheeten erëmzeginn. Eh ben, ech fannen dat wierklech geféierlech, de Leit esou e Versprechen ze maachen, vun deem mer net wëssen, ob mer et kënnen halen. An ech mengen och, mir sollten ophalen, iwwer Fräiheeten ze schwätzen, an ufänken, an enger ganz anerer Grille de lecture, an zwar an der Grille de lecture vun der Solidaritéit, ze schwätzen. Ech fannen, et ass eng relativ utilitaristesch Positioun, déi och den Eethikrot, mengen ech, representéiert, an zwar déi vun der Maximisatioun vum Bonheur. Ech mengen, et ass net déi richteg Pist. Ech mengen, mir mussen hei vill méi an enger solidarischer Haltung sinn.

A fir e lescht Wuert lasszeginn: Ech mengen, mir mussen wierklech léieren, mat eisen Differenzen zesummen ëmzegoen, vill méi solidaresch an tolerant ee mat deem aneren an eisen Differenzen ëmzegoen an eis net déi ganz Zäit op d'Käpp ze schloen an ze mengen, et misst een deen anere bestrofen.

Dat hei ass eng Epreuve, dat ass eng Epreuve fir eis Gesellschaft. Mee d'Pandemie ass och iergendwann eriwuer. A loosst eis net vergiessen, dass se iergendwann eriwuer ass. An da wäerte mer enorm gesellschaftlech Schied hunn, wa mer esou weidermaachen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt emol e grouse Merci un all d'Auteurs an d'Autricë vun deene ganz nuancéierten Avisen, déi ganz interessant ze liese waren, wat an där Zäit, déi zur Verfügung stoung, sécherlech net einfach war, fir se ze schreiwen, a fir eis och net onbedéngt, fir se ze liesen.

D'Fro vun der Impfpflicht polariséiert. Dat mierke mer haut heibannen, dat hu mer an de vergaangene Wochen un den iwwerlafende Postagäng vun eisen E-Maile gesinn an dat hu mir Piraten eng gemierkt am Kontakt mat eise Memberen.

D'Pirate sinn eng basisdemokratesch Partei an duerfir hu mer eis Membere gefrot. Dat heite war keng Fro, déi mer virun deem leschte Walkampf konnten entscheeden. Wien hätt da schonn 2017 kënne froen: Si mer fir oder géint eng Impfpflicht vun enger



imaginärer Pandemie, déi mer nach net kann hunn, mat engem Impfstoff, dee mer net kann hunn, a mat Konsequenzen, déi mer nach vill manner konnten ofschätzen. Duerfir hu mer se gefrot. A gefrot gouf, ob se fir eng generell Impfflicht wären, wéi een et géif mat der sektorieller Impfflicht halen an, falls een dergéint wär, wat d'Alternative wären.

D'Resultat war, grad wat déi generell Impfflicht ugeet, dach knapp: 54,08 % vun eise Memberen hu sech géint eng generell Impfflicht ausgeswat. An dat Resultat ënnersträicht jo awer, wéi gespléckt an nuancéiert een un déi Froe muss erugoen.

Anescht war et bei der sektorieller Impfflicht, kann ech direkt soen: Do waren dräi Véierels dergéint. An ech mengen, datt dat och e bëssen d'Positioun erëmispigelt, déi de Marc Goergen an ech heibanne scho geholl hunn, datt mer, wann, dann eng fair Léisung brauchen, déi jiddweree mat an d'Boot hält an net déi eng géint déi aner ausspilt.

#### (Interruption)

Als Alternativ zu enger Impfflicht gëtt sech am meeschte gewünscht, datt d'Mënsche sollen opgekläert ginn an datt mer nei Ureizer solle schafen. Anstatt also mam Bengel ze schloen, ass et méi wichteg, mat der Muert virewechzegen.

D'Positioun vun de Piraten ass also kloer: Jo zur Impfung, mee Nee zu enger Impfflicht. D'Impfung ass wichteg, an duerfir mussen d'Mënsche weider iwwert déi existéierend Impfstoffer opgekläert ginn. Mir hunn et jo live heibannen erlieft, wéi vill Falschinformationnen, jo Ligen heibannen am héijen Haus well iwwert déi Impfung gezielt goufen. Mee eng Obligatioun schéngt eis aktuell net de richtege Wee ze sinn.

Sollten d'Emstänn sech änneren, zum Beispill nei Virusvariante kommen an d'Spideeler iwwerlafen, wäerte mer net zécken an nach eng Kéier zréckgoen an déi nämmelech Froe stellen. Ob d'Aféierung vun enger Impfflicht opportuun a moralesch vertriebbar ass, hänkt jo vu ganz ville Facteuren of, déi sech änneren kënnen. Mee esou wéi d'Situatioun am Moment ass, wäerte mir eng Impfflicht net kënnen matdroen.

#### (M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

A wa mer e Bléck op de Kalenner werfen, da gesi mer eigentlech och séier, datt de Moment fir eng Impfflicht fir dës Saison eigentlech scho laanscht ass. Souguer wann an den nächste Wochen aktiv un engem Gesetzestext géif geschafft ginn, ginn ech net dovun aus, datt mer e Gesetz virun Enn Februar stëmme kéinten. Wann een dann eng Iwwergangszäit virgesäit an da jee weils nach eng Kéier véier Woche brauch fir déi éischt Impfung, véier Woche fir déi zweet Impfung, ma da si mer ongeféier no der Ouschtervakanz, wou d'Leit dann endlech duerchgeimpft wieren, wann da jiddweree sech géif drun halen.

Mir wëssen haut aus den Erfahrungswärter, datt d'Vaccine sechs Méint e gudd Schutz bidden. Majo wa mer da vun Ouschtere sechs Méint weiderrechnen, komme mer direkt erëm an eng Hierschtwell, ausser mir géifen de Booster mat drarechnen. Mee wa mer de Booster mat drarechnen, da si mer eis och bewusst, datt de Booster nach net emol Objet vun enger AMM ass, well u sech de Booster haut eng Recommendation ass, mee net an de Schemata dran ass, wat e Schéma vaccinal complet duerstellt, well all d'Fabrikanten u sech en Uni- oder e Bidose-Vaccin prekoniséieren.

Dat heescht, mir géifen eventuell Leit elo eng Kéier schikanéieren, fir sech impfen ze loosse fir de Greater

Good, fir dann am Hierscht an am Wanter eventuell genau déi Leit erëm mussen bei de Booster ze schécken. Dat erschénkt mer dach e bësse schwierig, besonnesch, well kloer ass, datt eng Impfflicht just a Fro komme kann als allerleschten Auswee.

Och war mir Piraten enger Impfflicht, sollt et dann zäitno zu engem Vott kommen, also net zoustëmme wäerten, sou wësse mer jo awer, datt d'Regierung an d'Majoritéitsparteien hei de Pouvoir hunn, dës Entscheedung och eleng ze treffen.

Duerfir erlaben ech mer, an duerno och de Kolleg Marc Goergen, de Rescht vun eiser Riedezäit ze notzen, fir nach zumindest op déi wichtegst Punkten opmierksam ze maachen, op déi een eiser Meenung no oppasse misst, wann een dann awer op dee Wee géif goen.

Eng éischt Fro ass de fräie Choix vum Vaccin. Laang gouf dat ëmmer versprach, et gëtt awer net méi agehalen. Wat geschitt da bei enger Impfflicht? Ass d'Konsequenz de Protokoll oder ass de Staat responsible, de Choix ze garantéieren? Fir eis ass kloer: Et geet net ouni de Choix vum Vaccin. Et kann net sinn ... Wann ee seet: „Ech géif BioNTech/Pfizer huelen, mee Moderna wëll ech net!“, da kann net d'Konsequenz e Protokoll sinn.

Eng zentral Fro, déi och vill Leit, déi der Impfung nach skeptesch géintwuer stinn, beschäftegt, ass zum Beispill déi vun der Haftung. Wien ass haftbar an deene seelene Fäll, wou eng Persoun staark Niewewirkungen no enger Impfung kritt, zu där se vu staatelecher Säit obligéiert gëtt? A wéi kann e Geschiedegte beweisen, datt et wierklech e kausalen Zusammenhang tëscht enger Niewewirkung an enger Impfung gouf? Dat ass an deene meeschte Fäll net einfach. D'Pharmacovigilance weist selwer dorobber hin. Mir géifen duerfir roden, bei der Aféierung vun enger Impfflicht gläichzäitig net nëmmen d'staatelech Haftung anzeféieren, déi virgesäit, datt eng Persoun oder hir Famill am Fall vu schwéieren Niewewirkungen entschiedeg gëtt, mee am Zweifelsfall och ëmmer zu Gonschte vun de Beträffenen ze entscheeden, dat heescht, u sech eng Beweislanscht ëmzekéieren. De kausalen Zusammenhang gëtt ugeholl, éiert de Staat kann de Géigendeel beweisen. Dat géif, mengen ech, ganz vill Leit rassuréieren.

Zousätzlech stellt sech am Zusammenhang mat der Haftung och d'Fro vun der Responsabilitéit beim Booster. Bis elo, dat sot ech schonn, huet kee vun den Hiersteller d'Booster-Dos a senger Zouloossung mat dran. Géif also e Gesetz deen Eenzelnen obligéieren, dräi Dose vun engem Impfstoff mussen ze kréien, deen offiziell just zwou Dosen huet ... Fir déi drëtt Impfung iwwerhëlt den Hiersteller da jo keng Garantie, an dat och, wann et gutt Grënn an der aktueller Situatioun ka ginn, e Booster ze huelen.

Ech selwer stoung am Reen an an der Keelt, fir e Booster ze kréien, ...

#### Plusieurs voix | O!

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... well ech dee Moment zu den AstraZeneca gehéiert hunn, an ech war frou, datt ech e konnt kréien. Ech kann et nëmme recommandéieren. Ausser, datt ech zwee Deeg déi lénks Schëller wéi hat, ass nämlech näischt anescht geschitt. Ech stinn nach hei, ech liewen nach. Maacht Iech keng Suergen. Ech mengen, dat Eenzege, wat ech mer agefaangen hat, war eng gutt Erkältung, well ech eeben dobausse stoung.

Eng aner Fro, déi ganz vill Leit beschäftegt, ass natierlech déi vun den Ausnamen. Et ass kloer, datt et eng Rei vu medezinnesche Contre-indicationne muss ginn. An et gëtt jo schonn eng Lëscht. Mee, mir

brauchen och Ausname fir d'psychologesch Aspekter. Ech wëll nämlech preziséieren, datt mer herno hei riskéieren, Leit, déi haut schonn Angscht hunn, duerch en Nocebo-Effekt net nëmme psychesch krank ze maachen, mee vläicht souguer physisch. An ech mengen, datt dat net eist Zil sollt sinn. Duerfir fannen ech et ganz schued, datt mer haut keng Ausname fir Leit mat ganz schlimmen Angschtstéierungen hunn.

#### (M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Mir hunn eng Handvoll Ausnamen. Ech mengen, datt et wierklech sënnavoll wär, bei den Ausnamen op en anstännegen, humane Wee ze goen an net nëmme blann eng Lëscht aus dem Ausland ze kopéieren.

Well, ob et rational ass, eng Angscht ze hunn oder net, spilt keng Roll. De Punkt bei Angschtstéierungen ass jo grad, datt se eigentlech net rational sinn, mee duerfir awer sécher net manner real.

Iwwert d'Strofe wäert de Marc Goergen nach eppes soen. Ech wëll awer nach ganz kuerz op e puer Saachen agoen, déi och virdu gesot goufen. Ech mengen, de Premier huet virdu vun den Experte geschwat, déi kloer zu enger Konklusioun koumen. Dozou muss een dann awer och soen: Wann et esou einfach wär, da kéint een u sech jo och d'Chamber zoumaachen, d'Regierung ofschafen, mer géifen eng Technokrateregierung dohinnersetzen, déi nach just géif Entscheedunge reng op Faktbasis huelen. Da géife mer ganz séier mieren, datt och Fakte politiséieren. Dat ass dat Eent.

Dat Zweet ass, den Expertegrupp huet modeléiert mat 100 % Adhesioun an 100 % Effikassitéit vun engem Vaccin. Elo wësse mer, datt weeder 100 % Effikassitéit vum Vaccin ginn ass, an datt mer 100 % Adhesioun vun iergendenger Measure beim Staat kréien, dat mengen ech, gleeft och keen heibannen, dee schonn eng Kéier d'Police gesinn huet, Alkoholkontrolle maachen. Mir kréien och keng 100 % Adhesioun, wann et drëm geet, net ze séier ze fueren oder net ze vill ze drénken. Dat heescht, ze mengen, mir géifen 100 % Adhesioun beim Vaccin kréien, ech weess net, dat ass eng ganz theoreetesche Approche.

An dann huet d'Regierung heibanne jo awer Riseversprechen, wat d'Mesuren ugeet, gemaach, wat d'Ophiewe vu Restriktionen ugeet, wat d'Méiglechkeet vun engem fräie Liewen ouni Restriktionen ugeet. An ech weess net, also wien déi lescht Deeg de Wissenschaftler e bëssen nogelauschert huet, deen huet jo awer gemierkt, datt mer net einfach esou d'Restriktionen kënnen ophiewen, well och geimpft, hu mer nach ëmmer e Virus, deen zirkuléiert. Dat heescht, dat ass e Versprechen, wat Der haut hei esou e bësse wéi d'Muert de Leit dohin halt, mee Dir kënnt et net halen. Dat heescht, kommt mir bleiwen éierlech, well ech mengen, soss hu mer herno vill, vill méi Frust.

An dann huet d'Madamm Ministesch, d'Madamm Gesondheitsministesch, gesot, d'Impfflicht wier eng Ultima Ratio. Ech ginn hir Recht. Mee, wa mer déi dann aféieren, gi mer duerno op? Puche mer d'Bengele bei d'Tromm? Well duerno sti mer plakeg do. Mir hunn duerno keng aner Mesur méi. Dat heescht, fir eis Piraten heescht et ganz kloer: Mir sinn nach net bei der Ultima Ratio ukomm. Mir hunn nach e puer Patrounen am Revolver, déi mer géint dësse Virus kënnen huelen. Ech verweisen do erëm op de Kéisschewemodell, dee mir prekoniséieren. Duerfir wëll ech net, datt mir herno plakeg vis-à-vis vun deem Virus dostinn. Duerfir schwätze mir eis haut och géint eng Impfflicht aus.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!





**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement. An de Relais fir d'Piraten iwwerhëlt elo den Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Haut hu mir wuel mat déi wichtegst Diskussioun, déi eng Gesellschaft ka féieren. An et geet em eng wäit-an déifgräifend Mesure an et geet a sech och em d'Fro, ob een eng fräiheetlech Approche wíelt a wéi eng Grondastellung, jo, och all einzelnen Deputéierten oder eng ganz Partei huet. Dofir begréisste mir, dass den Här President eis et och erlaabt huet, genuch Zäit ze kréien, fir eis Iwwerleeungen auszubauen an ze erklären.

Nodeems de Sven schonn op de Volet vun der Santé agang ass, wäert ech mech méi op d'Justiz konzentréieren. D'Denkustéiss an d'Iwwerleeunge vun haut wäerte wuel an d'Geschicht vun eisem Land agoen an iwwert d'Joerzengten als Grondsatz fir weider Gesetzer déngen.

Well falls eng Impfflicht wäert entscheet ginn, da kann een dat als Signalwirkung verstoen, esou fannen ech dat, als Signal, dass de Staat soumat Entscheedungen iwwert de Kierper vun eenzelne Leit treffe kann an hei déi fräi Entscheedungsgewalt vun eenzelne Persounen a Fro stellt.

Elo bei Corona kéint ee soen, dat wär vläicht, awer och just vläicht, nach vertriebar. Mee ech fäerten, et wäert dann net dobäi bleiwen. Esou eng Entscheedung mécht d'Dier op fir eng Politik vu manner Selbstbestimmung. An dat ass a mengen Aen eng ganz geféierlech Entwécklung.

D'Positioun vun eis Piraten zu dësem Debat gouf iwwer ee basisdemokratesche Vott bestëmmt a bekanntlech huet dee Vott sech géint eng Impfflicht ausgeschwat. Mee dat entbënnt eis net vun der Verantwortung, zu de schwéieren a komplizéierte Froen hei am Haus, déi sech an der Diskussioun vun haut stellen, trotzdeem eng Positioun ze huelen.

Esou ass een zentrale Problem vun enger Impfflicht jo zum Beispill d'Fro, wéi eng Strofen agefouert ginn a wéi kontrolléiert wäert ginn, wéi dat vun Iech eng Kéier beschlossent Gesetz dann herno wäert agehale ginn.

Hei soe mir als Dateschutzpartei kloer, dass et net ka sinn, dass de Staat eng Datebank vun ongeimpfte Leit uleet, fir hinnen e Bréif oder en Avertissement ze schécken, dass si géint Är Impfflicht verstouss hunn a bezuele müssen. Esou eng Datebank dierf de Staat aus Dateschutzgrënn einfach net uleeën.

En eenheetlecht, eemolegt Paiement wär an eisen Aen och eng Diskriminéierung vu Leit mat klengem Akommes. Et wär onsozial. Wie vill Suen huet, kéint einfach emol bezuelen, dat amplaz sech impfen ze looszen.

Mir kommen dofir mat eisem Denkestouss vu Strofen, déi un de Salaire oder den Imposabel ugepasst sinn, wou mir jo och scho länger op anere Felder drop higewisen hunn. A jo, ech weess, dat ass an eiser Gesetzgebung bis elo nach net virgesinn.

Mee vläicht sinn et och grad Diskussiounen wéi haut ronderëm eng Impfflicht, déi de richtege Momentum duerstellen, fir och hei ëmzedenken. Amplaz vun enger neier Datebank, an där sech all déi ongeimpfte Persounen herno erëmfannen, wisou setzt Dir d'Impfflicht net iwwert de Wee vum Kontrolldelikt em, änlech wéi dat an Éisträich beschloss ginn ass? Persounen, déi net geimpft sinn, solle just dann eng Strof bezuelen, wa se an eng Kontroll falen.

*(Interruption)*

Gelif?

**Une voix** | Bis den Abrëll, an duerno?

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Fir Är Iwwerleeungen ass et wichteg unzemierken, dass Persounen, déi sech bei der Police mellen, well si Affer oder Zeie vun enger Strofdot waren, bei dësem Kontakt mat der Police net dierf kontrolléiert ginn. Et dierf schliisslech net sinn, dass ongeimpfte Persounen duerno Angscht virun der Police hunn oder Angscht hunn, sech Hëllef sichen ze goen oder anere Leit ze hëllefen, just well se Angscht virun enger Impfflicht hunn.

D'Leit dierfen och duerno keng Angscht hunn, fir sech am Spidol mat anere Krankheete behandelen ze looszen, well se fäerten, e Protokoll zur Impfflicht ze kréien. Just bei Douanes- oder Policekontrollen dierfen och Impfkontrolle mat Strofe gemaach ginn.

Et ass kloer, dass et ze einfach ass, sech net impfen ze looszen an dann awer do drop ze bauen, dass eng Solidargemeinschaft all d'Käschte fir den Openthalt an engem Spidol iwwerhëlt. Mee et muss een an der ganzer Diskussioun awer och oppassen, dass d'Leit, déi de Coronavirus erwëschen, net als Täter behandelt ginn. Mir alleguer, an dat ass jiddereen an der Gesellschaft, sinn Affer vun dësem hannerhëltege Virus.

Här President, zum Schluss wëll ech dann nach op d'Fro vum betrouffene Persounekrees agoen. Op d'Iddi, dass d'Impfflicht just Residenten ëmfaasse soll, wéi soll ee sech dat konkret virstellen? Da sëtzen duerno zwee Leit am selwechte Bus am Zuch oder sinn am Cac ..., an engem grouse Supermarché, an der Keess, ...

*(Hilarité)*

...deen een iwwer eng Impfflicht geimpft, deen aneren net. Dat wär eng zimmlech onfair Mesure, wann een op de Wee geet, dass ee seet, „Déi eng“, an domadder géif ee se stigmatiséieren, „si méi geféierlech, déi kënnen de Virus verbreedden, dofir müssen déi eng Impfflicht hunn“, während déi aner ...

**Une voix** | Et ass schwiereng.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Jo, ech weess, dass et schwiereng ass. Déi aner, déi komme fir een Dag an e grouse Supermarché akafen, stinn awer mat iwwer 50 Joer herno an där selwechter Kees, déi hu keng Impfflicht, während awer déi Fra, déi virun do steet, sech huet misse wéinst enger Impfflicht impfe looszen. Dat ass eppes ganz Bedenkliches. A wéi sollen d'Leit hei am Land dat dann och akzeptéieren? Do kann een net erwaarden, dass d'Bevëlkerung vun engem Land mat esou vill Grenzverkéier an Tourismus esou eng ënnerschiddlech Behandlung akzeptéiere wäert. Vun esou enger Aschränkung géife mir Piraten also ofroden, well do fäerten ech wierklech, dass eng Impfflicht guer net vun de Leit wäert ugeholl ginn. Mee am beschte Fall géife mir jo d'Iddi vun der Impfflicht fir de Moment verwerfen, mee och ouni Flicht bleiwe mir Piraten beim Message: Impft Iech!

Merci.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert. Madamm Lenert, Dir hutt d'Wuert.

**Prises de position du Gouvernement**

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President. Gesinn ech dat richtege, et bleift insgesamt eng Stonn fir d'Regierung?

**Plusieurs voix** | Jo.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Ok. Da brauch ech mech net ze hetzen.

*(Brouhaha et hilarité)*

Ech géif virop Merci soe fir d'Debatt, déi geféiert ginn ass. Si ass villschichteg. Si ass gréisstendeels roueg geféiert ginn, wat ech begréiszen. Ech sinn och frou, an ech war och en Demandeur, fir esou eng Debatt hei ze hunn. No mengem Empfannen ass dat heiten en Thema, dat een net kann, wéi dat ee Moment gefuerdert ginn ass, iwwert de Wee vun enger Motioun ofwéckelen, wou jiddweree fënnf Minutten hätt fir ze schwätzen. Mir hu gesinn, hei huet jiddweree vill ze soen an ech sinn och iwwerzeegt, dass mer nach net duerch dës Debatt sinn. Wat ee méi drop schafft, wat ee méi op Froen an op Detailler stéisst, déi mussen gekläert an duergeschwat ginn.

Ech sinn zitéiert ginn - ech kann net ëmhin, fir dorobber ze reagéieren -, dass ech gesot hunn, ech géif et net gënschteg fannen, an enger Pandemie iwwer esou en Thema ze schwätzen. Dozou stinn ech nach absolut. Mee viles an där Pandemie ass net gënschteg. Mir hu misse vill Saache maachen an deene leschten zwee Joer, déi alles anescht wéi gënschteg waren. Ënner Zäitdrock schaffen, Gesetzer a kierzester Zäit schreiwen. An och wa mer haut kucken, dat ass gesot ginn: All déi Avisen, déi komm sinn, déi immens interessant sinn, déi ech mat grousem Interesse gelies hunn. Ech muss zouginn, ech hu se net alleguer bis an dee leschten Detail duerkritt. Ech war bis 2.00, 3.00 Auer amgaangen. Ech hunn d'Gewunnecht, och d'Referenzen ze liesen, déi an Notte gemaach gi sinn. Dat war mer net méiglech. Ech hunn d'Notte selwer duerkritt, awer d'Referenzen, sou wéi een dat mécht, wann ee sech seriö preparéiert, Recul huelen, dat ass net méiglech. An dat ass dat, wat ech domat mengen, dass et net gënschteg ass, ënner esou Ëmstänn op esou interessanten, villschichtegen a relevanten Theemen ze schaffen.

Et ass och richtege, dass ech net dee sinn, deen direkt bei e Mikro leeft a bei esou engem komplizéierten Thema eng Meinung vu sech gëtt. Ech si gewinnt, mech an en Thema anzuschaffen. Ech liese mech eran, ech maache mer eng Meinung, ech huele Recul. Wann ech mer eppes wënschen, ass et, dass dat net wäert änneren. Dat ass eppes, wat ech e bësselche wéi eng politesch Krankheet empfangen. Ech hoffen, dass dee Virus a mengem héijen Alter net nach wäert op mech iwwersprangen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Op alle Fall sinn ech net gewëllt, mech dohinner ze änneren. Ech hoffen, dass ech déi Zäit kréien, fir esou ze schaffen wéi ech et gewinnt sinn. Et ass net ëmmer ginn, mee ech sinn awer beméit, et ze maachen.

Wa mer elo op d'Thema selwer vun haut kommen, sinn ech och ganz, ganz frou, dass e hei Konsens ass, dass eppes wéi eng Impfflicht soll an e Gesetz afléissen. Mir sinn an enger Matière réservée à la loi. Mir sinn a Presenz vu Grondrechter, déi openee clashen. An do ass de gesetzleche Wee, de Wee duerg d'Chamber fir mech deen eenzeg richtege Wee.

Da kënn an esou engem Fall dat iewescht Gebot vun der Verhältnismäissegkeet, wat muss respektéiert sinn. An an deem Sënn ass et weesentlech, dass déi Mesuren, déi ugeduecht sinn, net nëmmen e bësselchen zu der Léisung vum Problem, deen een ze léisen huet, bäidroen, mee wierklech signifikativ dozou bäidroen.

An deem Sënn ass et och méiglech, dass een den Egalitéitsprinzip, deen ugeschwat ginn ass an deen ech



ganz gutt novollzéie kann, wann een op eng partiell Impfflicht hin iwwerleet, kann ausser Kraaft setzen eebe mam Argument vun der Verhältnisméissegkeet. Wa mer d'Méiglechkeet hunn a kënne statistesch ënnermauern, dass e Grupp vu Leit, deen an dësem Fall ..., wéi dat eeben och vun de Wëssenschaftler duergeluecht ginn ass an och vun eise Zuelematerial, wat mer hinnen zur Verfügung gestallt hunn an zesumme gestallt hunn, bestätegt ass, wa mer e Risikogrupp ganz kloer kënne ausmaachen, dee sech ab engem gewëssenen Alter kristalliséiert, dann hu mer hei e verschidde Grupp. An da justifiéiert sech och gegebenefalls eng verschidde Behandlung vun dësem Grupp, soudass dat prinzipiell juristesche méiglech ass. Et ass eng Saach vun der Argumentatioun. Et ass eng Saach vun der Ennermauerung vun deem, wat ugefuert gëtt. An dat ass an dësem Fall wierklech e verstärkter Risiko fir eeben e schwéiere Verlaf, dee vill méi ausgepräägt ass bei enger gewëssener Kategorie vu Leit wéi bei enger anerer.

Et ass statistesch ënnermauert - et ass virduer schonn oft gesot ginn an ech kommen net nach eng Kéier drop zrëck -, et ass e Fakt, dass op alle Fall mat deem, wat mer haut zur Verfügung hunn, Leit ab 50 statistesch einfach e vill méi héije Risiko hunn, fir am Spidol ze landen.

An eist Zil, ech géif dat gären ëmmer erëm ënnersträichen, d'Zil vun dëse Mesuren ass et eeben, iwwer de Wee vun der Preventioun vun enger Iwwerbelastung vun de Spideeler anerersäits erëm kënne Mesuren ze lockeren. Dat ass am Fong geholl dat, wat eis grouss Suerg ass, well an de Spideeler natierlech net nëmmen d'Personal limitéiert ass. Et war ni meng Intentioun, Iech ze ënnerstellen, dass ech géif mengen, Dir géift fir eidel Miwwel plädéieren. Ech hu just och elo net héieren, wou dann d'Léisung wär. Wou solle mer dann elo an där kuerzer Zäit esou vill Leit fannen, déi färdig ausgebild sinn? Mir brauchen héichspezialiséiert Leit op den Intensivstationen. Et ass un deenen, wou et feelt. An dat hu mer och schonn oft hei nogeluecht.

Generell muss een ëmmer erëm feststellen, dass Lëtzebuerg sech mat sengem Gesondheetssystem hei ganz gutt am internationale Verglach geschloen huet. Dat soen net mir selwer, dat kréie mir och vu bausse gesot. Dat soen d'Statistiken. Ech sinn haut frou doriwwer, well wa mer net wëlle vill Leit am Spidol hunn, dann ass dat net einfach, well mer se net wëlle beleeden, mee well do och Leit stierwen. Leit op Intensiv: Ee vun dräi, mer hunn et erëm héiere vun den Experten, kënnt do am Schnëtt net méi eraus. An dat ass tragesch fir eis Gesellschaft. Dat ass tragesch fir all Eenzelnen, deen do net méi erauskënnt, dofir ass et e Bestriewen, fir och dat esou niddreg wéi méiglech ze halen.

Och den 3G ass ugeschwat ginn, d'sozial Finalitéit dovunner. Dat ass net eng sozial Finalitéit an deem Sënn, et ass eng sanitär Finalitéit. Mir wëllen u sech all Mënsch an d'Impfung kréien, egal wéi e sozial gestallt ass. Dat ass dat, wat mer ustriewen. Dat ass de Wee, dee mer ginn. All d'Mesuren, déi mer am Moment huelen, solle färdlech fir d'Impfung sinn. Firwat? Net well mer einfach blann fir d'Impfung sinn, mee well et, mir hunn et scho verdäitlecht, am Moment déi eenzeg wierklech effikass Alternativ ass, déi mer gesinn, fir hei schnellstméiglech op en Enn ze kommen an där schwéier Laascht, déi dës Pandemie fir eis alleguerten ass, duerch e Retour an d'Normalitéit en Enn ze setzen.

Dofir huet och jiddwereen Zougang zu der Impfung. Si ass gratis. Mir hu Campagnë lafen, fir de Leit hir Ängshten ze huelen, fir se ze iwwerzeegen. De Choix fir jiddwereen ass hei e puermol ugeschwat ginn. Dat

ass e Wonschdenken, dat kann haut keen hei garantéieren. Mir sinn tributär vu Liwwerungen. Dat ass natierlech eppes, wat mer och bestreift sinn ze maachen an deem Mooss, wou e méiglech ass. Ech mengen, dass haut an Europa kee ka senger Bevëlkerung garantéieren, dass en dee Choix wäert hunn, well mer och do alleguerten am nämmelechte Bett leien a mir mussen dat huelen, wat mer kréien. An dat ass net ëmmer dat, wat mer eis wënschen, och wann et am Moment relativ gutt geet.

Da sinn och nees eng Kéier ganz gutt Rotschléi komm, fir emol endlech a méi Sproochen ze kommuniquéieren a méi op d'Leit duerzegoen. Ech géif hei betounen, dass d'Kommunikatiounspolitik vun der Regierung ënnert dem Lead d'ailleurs vum Staatsminister steet. Dat ass Chefsache, Madamm Lorsché, net eréischt säit gëschter, mee scho säit der ganzer Pandemie. Mir sinn an enger Pandemie an dann ass automatesch de Staatsministère am Lead, grad fir d'Krisekommunikatioun. An d'Cellule de crise, déi presidéiere mer gemeinsam.

Ceci dit gehéiert et zu eiser Politik, op d'Leit duerzegoen. Mir hunn effektiv mat de Gemenge geschafft, mat zéng Gemengen. Ech kann Iech se gären opzelen, do ass den Detail gefrot ginn. Dat sinn déi zéng Gemengen, déi eeben, statistesch gesinn, méi en niddregen Impftaux hate wéi déi aner. Dat hu mer analyséiert. Dat war Déifferdeng, et war Elwen, et war Käl, Kiischpelt, Rammerech, Rëmeleng, d'Gemeng Lëtzebuerg, Wäisswampech, Wanseler a Wolz, fir se dann nach eng Kéier ze nennen. A wat hu mer gemaach? Mir hunn ons do mat den Autoritéiten zesumme gesat, mat hiren Associatiounen och, a virun allem hu mer Formulieren a Broschüren a ganz ville Sproochen scho ganz laang an Zirkulatioun bruecht, a grad eeben och an där Campagne.

Dat sinn déi aacht gängeg Sproochen: Mir hu Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Englesch, Portugisesch, Bosnesch, Serbesch, Kroatesch, donieft awer och Spuenesch, Arabesch, Farsi an Tigrinya. Voilà, dat sinn all déi Efforten, déi mer gemaach hunn. Dat sinn déi Broschüren, déi gemaach gi si spezifesch fir déi do Campagnen, wou mat deene Gemenge gekuckt ginn ass, wat fir si Sënn mécht, déi do verdeelt gi sinn, a mer hunn och e ganze Koup Material bei eis, anert Material wéi déi Gesamtbroschüren, déi och ënner anerem op Arabesch, Farsi, Tigrinya a Spuenesch disponibel sinn nieft deenen anere gängege Sproochen. Voilà.

Da war elo nach ugeschwat ginn, dat hat ech mer nach opgeschriwwen, ... jo, d'Donnéeën, wéi d'sozial Staffellung ass vun de Leit. Mir haten éischt Analyse gemaach mam LISER, wëll ech drun erënneren, schonn am Kader vun der Testcampagne fir ze kucken: Wie léisst sech testen, wien net?

E ganz interessanten Outcome ass presentéiert ginn an enger ëffentlecher Konferenz, déi leider elo net dee groussen Interessi, mengen ech, hei am Haus mat sech bruecht huet. Mee et waren awer vill Schüler do, och Auslänner. Mir haten eng Koryphäe, de Michael Marmot, Professor vun der UCL, deen do geschwat huet als Guestspeaker. Et war en interessant Evenement an eis Donnéeën hunn och do Interessi fonnt an déi selwecht Aarbecht hu mer natierlech och ronderëm d'Impfung gemaach. Dat ass déi Basis, déi mer geholl hunn, fir op d'Gemengen duerzegoen. Mir hunn dorobber geschafft mat deene concernéierte Gemengen, individuell mat hinnen, eebe fir ze kucken, wat bei hinne Sënn mécht.

Dorausser si jo dann och déi ganz mobill Interventiounen entstanen an deene Gemengen, wou mer mat deenejéinegen zesumme gekuckt hunn, wéi ee bei hinne kéint un d'Leit erukommen.

Dat ass et vun de Froen, déi opgeworf gi sinn. Ech hätt deem eigentlech elo näischt méi weider bäizefügen an ech géif proposéieren, dass ... D'Sam Tanson war ugeschwat gi fir verschidde juristesche Froen.

Gelif?

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Entschëllegt, Madamm Minister.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Jo.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Ech hat nach d'Fro gestallt, ob de Secteur vum Handicap géif abezu ginn.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Dat wäerte mer am Detail gesinn. Ech mengen, déi grouss Linnen ... Mir hunn ons jo och nach net elo richteg fixéiert. Et ass en Optrag komm, dee global ass. Dat doten ass Detailler ausschaffen. D'Grondiddi ass, dass mer kucken: Wie schafft ronderëm vulnerabel Leit? Dat ass jo déi Linn, déi soll gefuer ginn. An deem Sënn sinn och d'Transport-sanitaire mat couvréiert ginn. Do musst Der eis e bëssen d'Chance ginn, dat doten och am Detail elo duerchzeschaffen, an da wäerte mer deen Echange hunn. Ech huelen op alle Fall d'Demande mat an eis Aarbechtsgruppen, fir dat ze kucken.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Gesondheitsministesch. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo d'Madamm Justizministesch, d'Madamm Sam Tanson.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Jo, nach eng Kéier e schéine gudden Owend vu menger Säit. Ech soen Iech all e ganz grouse Merci fir déi sereine Debatt, déi mer de Mëtten hei konnte féieren an och, dass Der Iech ganz vill Méi gemaach hutt, fir op déi eenzel Froen ze äntweren.

Ech si mer bewosst, dass dat net d'Evidenz selwer war. Mir sinn awer dovunner ausgaang ... Et ass ee Moment monéiert ginn, mir hätte keng Pro- a Kontra-Argumenter virbruecht. Mir waren awer der Meinung, dass et wichteg wär, d'Diskussioun oppe kënne ze féieren an dass jiddweree sech emol kéint positionéieren zu deenen eenzelne Froen.

Natierlech hätt een och kéinte soen: Voilà, mir proposéiere schonn eppes, dat do ass dat, wou mir mengen, dass et sollt higoen. Mee fir d'Diskussioun esou oppe wéi méiglech ze féieren, hu mer d'Decisioun geholl, mat oppene Froen ze schaffen.

Wann ech d'Diskussioun esou de Mëtteg suivéieren, dann hunn ech iergendwéi de Besoin, awer nach eng Kéier eppes kloerzestellen. Ech spiere jo, dass eng breet Zoustëmmung do ass, fir op dee Wee ze goen, wann et da wierklech muss sinn. An dat ass awer dat, wat essenziell hei an där Diskussioun ass. Et ass jo keen, deen dat dote wëll, well et eppes ass, wat eis als immens flott Decisioun erschénkt. Mee et ass eeben eng Decisioun, déi sech imposéiert aus deene Grënn, déi ech uganks gesot hunn.

An duerfir fannen ech et och wichteg, dass mer esou mesuréiert haut konnten heiriwwer schwätzen, well et extreem delikat ass a well et och um juristesche Plang natierlech ëmmer Argumenter an déi eng an an déi aner Richtung gëtt. Ech ginn do vläicht op dat an, wat de Claude Wiseler uganks gesot huet, wann et drëms geet: Bei wem wende mer dat heiten un? Ab 18? Oder ab 50? Natierlech kann een argumentéieren am Sënn vun der Egalitéit virum Gesetz, dass et sech fir jiddwereen iwwer 18 sollt applizéieren. D'Argument vun der Kloecheit vum Text ass natierlech och en Argument.

Op der Géigesäit hu mer elo e Rapport vun Experten, vun deem Ad-hoc-Grupp, déi eis soen, dass et ab 50 à



ce stade elo mol noutwendeg ass. Dat heescht, dat kann een och an e juristescht Argument herno ëmtransforméiere vun der Noutwendegkeet an der Verhältnisméissegkeet, wou all déi aner kënnen awenden a soen: „Mee mir si guer net do viséiert.“ An dat dann aus Solidaritéitsgrënn ze maachen, dat hält vläicht dann dee Moment och net d'Strooss, well, wéi déi meescht vun Iech richteg ënnerstrach hunn, ass dat hei och en Agrëff an e Grondrecht.

Mee am Sënn vun der Diskussioun ... Ech mengen, mir kënnen dat doten, wa mer bis en Text ausgeschafft hunn, natierlech nach gären an de Kommissioun verdéiwen a kucken, wéi mer dat esou gutt wéi méiglech encadréieren. Well och do sinn ech natierlech ganz bei Iech fir ze soen: Et ass extreem wichteg, dass mer eis all d'Moyene ginn, fir dass et esou gutt wéi méiglech d'Strooss hält.

Zu der Fro vum Dateschutz, do wéilt ech op den Avis vun der CNPD verweisen, dee ganz kuerz ass an dee seet, dass et theoreetesch méiglech ass, mee dass een natierlech muss kucken, wéi een dat encadréiert. Et geet och drëm, dass déi Donnéeën, déi haut schon existéieren, fir deen heiten Zweck kënnen genotzt ginn, eppes, wou och dateschutzméisseg eigentlech näischt dogéint schwätzt, wann ee sech deen néidege Cadre légal setzt.

Da sinn ech gefrot ginn zu de Fräiheeten als Zil. Ech wéll elo net meng ganz Argumentatioun vu virdu widderhuelen, mee ech hunn Iech erkläert, dass et verschidden Objektiv gëtt, deenen ee muss verschidde Krittäre ginn, déi ee muss erreechen, wann een dat heite wéll maachen. An ee vun deene Krittären ass deen, dass ee sech muss en Zil setzen an dass dat Zil och theoreetesch kann erreecht ginn duerch déi Mesure, déi een implementéiert.

An ech sot Iech, dass mer zwee Ziler hunn. Dat eent ass d'Stärkung vum Gesondheetssystem an doduercher d'Stärkung vun der Gesondheet vu jiddwerengem duerch eng Netiwerlaaschtung vun de Spideeler. An dat zweet Zil ass dat, dass mer, wann d'Impfflicht gräift, op d'Fräiheete kënnen erëm zrëckkommen.

Natierlech muss ee ganz gutt oppassen, wéi een dat erkläert an dass een net seet: Deen Dag, wou d'Impfflicht gestëmmt gëtt, sinn all d'Fräiheitsbeschränkungen d'office dowéinst opgehuewen. Mee d'Zil muss awer dat sinn! D'Zil muss sinn, dass mer, andeems jiddweree sech impfe léisst oder déi meescht sech impfe loosse, net méi an där permanenter Krisensituatioun sinn, an där mer elo säit zwee Joer sinn.

Zu der Fro: Firwat net Kontrolle punktuell aféieren? Ech mengen, och dat ass jo eppes, wat mer elo am Kader vum Dispositiv musse klären. Ech sinn do e bësse reservéiert, well dat net ganz gerecht ass, well dat da wierklech dovunner ofhänkt, wou grad eng Kontroll gemaach gëtt. Och do verweisen ech op d'Avis vun de Professere Braum a Gerkrath, déi dat och relativ gutt ëmräissen, wat déi juristescht Fro sinn, déi sech an deem Kontext och kënnen stellen, a mat wéi engem Motiv dann deen een oder deen aneren op der Strooss ugehale a gefrot gëtt, ob en dann elo geimpft ass oder net.

Mir hunn haut scho gestaffelt Strofen. Eise ganze penale System ass op gestaffelt Strofen opgebaut. An do ass et net seelen, dass e Riichter natierlech och en Consideratioun hält, wéi d'Situatioun vun deem Eenzelen ass.

Dir braucht just de Code pénal opzeschloen, da kritt der d'Confirmatioun dofir, och wann Der mech elo skeptesch kuckt, Här Goergen. An dat ass awer am Stofrecht natierlech vill méi einfach an deem Sënn, dass de Riichter déi Persoun, déi ugeklot ass, oft dann ënnert der Hand huet, och kucke kann, wéi

déi ... Dat ass och eng vun de Froen, déi dacks gestallt gëtt: Wéi ass Är Situation financière? Da gëtt déi duergeluecht an da kann een noutfalls nach eppes nofroen.

Bei administrative Strofen ass dat eng ganz aner Situatioun, well do jo dann um Niveau vun enger Verwaltung op Basis dann oft vun objektiven Donnéeën eng Strof geschwat gëtt.

Ech verstinn awer och déi Debatt. An duerfir hat ech jo och uganks gesot, dass dat misst weeder ze déif nach ze héich sinn.

Voilà. Ech mengen, dass ech elo en gros op déi Punkte geäntwert hunn, déi elo hei ëmraus goufen. Mee mir si sécherlech net um Enn vun der juristescher Diskussioun. Déi verschidden Elementer vun der Necessitéit an der Verhältnisméissegkeet wäerten eis hei begleeten, laang och iwwert de Vott vun deem Text eraus, well mer elo jo scho wëssen, dass mer wäerte Recoursen op där doter Fro kréien, soudass ech, ob Der elo derfir, hallef derfir, guer net derfir sidd, awer op Är Kollaboratioun ziele bei der Ausschaffung vun deem Text, dee vun enger extremer Delikatess a Wichtegkeet wäert sinn.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Justizministesch Sam Tanson. An da wier de Mikro elo fräi fir de Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, ech soen Iech Merci. Ech soen och de Membere vun deem Haus Merci an och de Spriecher vun deene verschiddene Fraktiounen fir déi ganz vill konstruktiv Propositionen, déi komm sinn, fir meeschtens dee rouegen Toun, deen och komm ass, fir déi Kritiken, Virschléi, fir den Echange ze hunn. Dat war de Wonsch vun engem Débat de consultation, een deem aneren nozelauschteren.

Mir haten net an deene leschten ... Här Di Bartolomeo, et ass ee scho bal iwwerrascht, dass wann ee vu Covid schwätzt, Dir haut net Riedner sidd. Mee an deene leschte 26 Texter oder wéi vill, déi mer haten, hate mer net ëmmer dee konstruktiven Toun. An duerfir Iech alleguerten e grouse Merci fir dat, wat och hei komm ass.

Mir hu vill Äntwerte kritt. E puer Leit hunn der evitéiert. Ech hunn och en Tableau, deen ech gemaach hunn, fir d'Positiounen vun deem engen a vun deem aneren kënnen ze verschaffen - an ech kann Iech garantéieren, dass alles opgeschriwwen ginn ass -, déi dann och bei der Ausaarbechtung vun engem Text wäerte genau analyséiert ginn.

Ech wéll nach eng Kéier insistéieren, wéi wichteg a wéi eescht dese Sujet och fir d'Regierung ass. Et ass keen, dee voll Freed eng Impfflicht wéll hei zu Lëtzebuerg kréien, keen! An Dir wësst, dass d'Gesondheitsministesch an ech selwer och säit Méint soen, dass, wa mer keen anere Choix hunn, eng Impfflicht dann och net kann en Tabu theema sinn. Mee et war net dat, wat eis Präferenz war dës le départ, well mer probéiert hunn ... An et ass vu Kommunikatioun geschwat ginn - et ass wierklech de Maximum gemaach ginn an der Kommunikatioun!

Mir hu mat de Gemengen ... An ech wéll och do dem Syvicol an och de Buergermeeschtere Merci soen, wou mer mat deem Équipe-mobilien an d'Gemenge gaange sinn. Mir si mat Busse bei d'Leit gefuer. Et ass an de Supermarché gschafft ginn. Et ass op deene verschiddenste Plaze mat Équipe-mobille bei Leit, déi net valid waren, gefuer ginn. Mir sinn och op

d'Plazen, an d'Strukturen, wou d'Leit manner mobil sinn, gaangen. Dat heescht, dass een elo op eng Kéier d'Gefill kritt, dass et ze wäit war oder d'Kommunikatioun net do war, mengen ech net. D'Kommunikatioun ass op ville Plaze gelaft.

Souguer mat deenen neie Medien ... Mee op deenen neie Medien hutt Der op där enger Säit dann den Här Schmit an den Här Thomas ..., also den Dokter Dentzer vun der Santé, déi da während enger Stonn schwätzen an erklären, firwat d'Impfung gutt ass, an Dir kritt direkt drënner e Post vun enger Persoun, déi seet: „Et ass alles falsch. Et ass alles fake. Hei ass eppes, wat ech gelies hunn aus dem Ausland!“

Hei sinn ech och der Meinung, dass deesen Debat net iwwerflësseg war. Et ass gesot ginn: „Jo, Dir sot, dass d'Experten eng Impfflicht proposéiert hunn, dass dat alternativlos wier.“ Ech wéll hei am Fong soen, dass mer eis eens sinn. Mir sinn eis eens am Fong, well d'Regierung huet decidéiert, den Avis jo ze suivéieren!

Ech hunn et virdu scho gesot: Wa mer eis als Regierung eens ginn, fir fënnf Leit ze hunn ... An déi fënnf Leit sinn net egal wien. Do sinn zwee Membere oder ee Member op jidde Fall och vum Conseil des maladies infectieuses. Mir hunn Dokter, déi unerkannt sinn, net nëmmen hei, déi souguer am Ausland unerkannt si fir hir Analysen, an déi sinn zu enger Konklusioun komm. A mir krute ganz oft reprochéiert: „Jo, wou ass Är Basis? Op wat berout dann déi Analys?“ Déi hu mer hei schwaarz op wäiss, vu fënnf Leit, déi en plus keen Interêt personnel hu fir ze soen: Et muss do oder et muss do!“ Nee, déi Doktere soen dat en connaissance de cause.

An ech erlabe mer och hei, Här President, hinne wierklech e grouse Merci ze soen. Si hunn et benevoll gemaach. Si hunn d'Missioun akzeptéiert an et war keng einfach Missioun, well se wëssen, dass och si staark a Kritik geroden, well se an deser Period soen, dass Impfe wichteg ass. Et war keng einfach Tache fir déi fënnf Leit. A fir mech ass et eng kohärent Decisioun, déi nozevollzéien ass, wann ee vun deene fënnf Leit deen Avis och kritt.

D'CSV plädéiert hei fir eng allgemeng Impfflicht. Ech respektéieren och d'Positioun an ech respektéieren och d'Argumenter, déi hei vum Här Wiseler virbruecht gi sinn. An ech gesinn och Potenzial, muss ech Iech ganz éierlech soen, fir déi zwou Positiounen beieneenzekréien.

An der Motioun gëtt et jo och eng Optioun, wou ee seet: „Hei, mir fänke mat 50 Joer un.“ Mee wann de Besoin do ass, da muss een och erfogoe kënnen. An ech sinn iwwerzeugt, dass an deenen nächste Wochen déi konstruktiv Diskussioun, déi mer och hei haten, ka weidergefouert ginn an dass mer am Fong net grouss Widderspréch hunn. A mir sinn doudsécher bereet, openeen zouzegoen, Här Wiseler, fir ze kucken, wéi mer dee gréisste Konsens ... Well ech hunn et dës le départ gesot: En Text hei ze stëmmen vun där Wichtegkeet mat 31 zu 29 wier net gutt!

Mir géife weisen, dass déi Separatioun, vun där esou vill Leit heibanne geschwat hunn an och den Här Clement iwwer seng eege Partei, dass mer déi selwecht Divisioun hei hu mat enger knapper Majoritéit bei esou enger wichteger Fro wéi déi vun enger Impfflicht.

A fir eis ass et dowéinst och de Besoin - a mir si bereet, an ech hunn dat och gesinn an der Motioun -, fir dat permanent och ze analyséieren, a wann de Schrëtt géif mat sech bréngen, dass ee misst ..., dass een dat net ausschléisse kann. Mee d'Experten, déi wëssen - also ech kann emol fir mech schwätzen -, déi Experte wësse vill méi wéi ech!



Wann hei jiddweree mengt, e wéisst méi wéi d'Experten, dann ass et schued, dass d'Wëssenschaft dobaussen net op Är Kompetenz kann zielen an dann ass et heibanne selbstverständlech eng Plus-value fir d'Chamber. Mee gleeft deene Leit, wa mer déi fënnel Leit hunn!

(Brouhaha)

Wa mer déi fënnel Leit hunn, déi awer zu där Konkusioun kommen, dann trauen ech deenen Experten! Ech trauen deenen Experten. An et ass fir ons och eng Selbstverständlechkeet - an d'Experte soen dat och, well et muss een hei nuancéiert och kucken, wat deen een oder deen anere gesot huet -, dass am Fong haut keng Impfflicht noutwendeg ass, well den Omikron ass do, den Omikron ass méi wéi present, an dee kréie mer och elo net direkt gebremst. Mee de Fait ass, wann och eng Kéier d'Experte soen: „Hei, et ass net haut an et muss och iwwerhaupt net kommen“, wann déi selwecht Experten zu enger anerer Konkusioun kommen, da soll een dat och agesinn.

**Une voix** | Egal wat!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Mee ech wëll Iech awer just warnen: Mir kënnen eis net erlaben, dass mer an eng Situatioun op eng Kéier kommen, an dann ass et ze spët.

Den Här Clement sot, seng Partei wier der Meenung, dass wann eng nei Variant géif kommen an d'Spideeler iwwerfëllt wieren, dass se dann iwwer hir Positioun géif frësch diskutéieren. Mee dann ass et ze spët, Här Clement. Dann ass et ze spët! Ech weess, dass mer hei preventiv eppes maachen, wou mer vläicht de Reproche kréien, mir wieren ze vill virsiichteg. Mee de But ass wierklech, dass mer déi schlëmm Verleef evitéieren, dass mer evitéieren, dass d'Leit an d'Spideeler kommen, dass mer evitéieren, dass d'Leit stierwen. Well de Constat vun deene meeschte vun eis heibannen a souguer vun deem, vun deem mer et am mannsten erwaart hunn, ass, dass d'Impfe wierkt. Dat ass e Constat, deen ass gemeinsam, deen hu mer heibannen och allegueren.

A mir kënnen net den nächsten Hierscht oder den nächste Wanter ofwaarden a kucken, wéi d'Situatioun dann ass, well dann ass et, Här President, ze spët. An dann hu mir als Politik eng Verantwortung, wa mer duerno soen: „Jo, et ass elo e bëssen ze spët! A wann d'Leit elo krank ginn, da muss mer et ganz séier maachen.“ Mir müssen anticipéieren! Et steet jo och am Text vun der Motioun, déi ech gesinn hunn, dass et „dans les meilleurs délais“ ass, an deenen nächsten dräi Méint, et ass jo net, dass et haut gemaach gëtt!

An et si Froe gestallt gi vun der Madamm Oberweis, an ech weess net méi, ob et den Här Cruchten oder den Här Baum war oder d'Madamm Lorsché, zum Novavax. Den Novavax, ech hunn dat elo hei: Mir kréien am éischte Quartal, dat heescht, déi éischt dräi Méint, 30.000 Stéck, mir kréien am zweete Quartal 69.000 Stéck, dat heescht, bal 100.000 Stéck vun Novavax elo an deenen éischte sechs Méint vum Joer.

Den Text wäert net muer gestëmmt ginn. Wat wichteg ass, dat ass, dass mer eis haut géenegt hunn. An ech soen Iech och, Här President, dass mir de Moien am Regierungsrot eis géenegt hunn, dass mer den Text deposéieren an dass dat net tributär ass vu Modellisationen. D'Modellisationen gehéieren dozou, fir Saachen ze justifiéieren, mee den Text gëtt deposéiert.

Mir si bereet, eis Verantwortung ze iwwerhuelen. Mir si bereet, zesummen, a mir hunn dat och gesot, éierlech ze soen, dass mer duerch d'Impfung net d'Garantie hunn, dass kee méi krank gëtt, mee et gëtt e Schrëtt a méi Normalitéit. Et gëtt e Schrëtt, andeems ee weess, dass déi Vulnerabelst vun onser

Gesellschaft protegéiert sinn. D'Impfflicht ass och eng Investitioun an d'Zukunft. Et ass eng Zukunft, wou mer hoffen, d'Pandemie hanner eis kënnen ze loosser.

Ech hoffen, dass déi nächst Wochen, Här President, déi selwecht Serenitéit an deem Debat stattfënn, wéi mer se haut haten, fir dass mer et fäerdegbréngen, duerno dee gréisstméigleche Konsensus ze fannen. An et ass och net ausgeschloss gi vun zwou aneren Oppositionsparteien, dass hir Meenung net kéint änneren. Et ass keen definitiven „Niet“, et ass net gesot ginn: „Nee, nimools!“ Mee wann d'Situatioun, wann d'Analysen, et cetera, et cetera ..., wiere se och bereet, do matzemaachen.

Ech hunn et virdru scho gesot: Et ass keen einfache Moment, fir keen! Ech sinn elo iwwer aacht Joer Premier an dësem Land. Dat heiten ass eng vun deene schwéiersten Decisiounen, déi ech selwer an engem Regierungsrot mat de Kollegen ze tranchéieren hat. Wann ech Deputéierte wier, wier et eng vun deene schwéierste Froen.

Ech hat viru Joerzénge schon esou Situatiounen, wou een a sech muss goen a wou ee sech d'Fro muss stellen: Wéi eng Richtung ass déi richtig?

Mee hei geet et drëms, Liewen ze retten, et geet drëms, méi Fräiheet zrëckzëkréien an et geet drëms, och zu Lëtzebuerg der Wëssenschaft ze trauen an zesummen e gemeinsame Wee ze goen, fir esou séier wéi méiglech nees e méi normaalt Liewen ze hunn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Premier- a Staatsminister Xavier Bettel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

**Motions**

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen, déi bei dësem Punkt deposéiert gi sinn.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Här Wiseler deposéiert ginn ass.

Den Här Gilles Baum wëll dozou d'Wuert ergräifen.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. D'Motioun, déi den Här Wiseler deposéiert huet, gëtt genau dat zréck, wat en och a senger Ried de Mëtten duergeluecht huet, dass d'Positioun vun der CSV fir eng allgemeng Impfflicht ass souwuel fir d'Leit, déi hei wunne wéi och fir d'Residenten. Steet dat hei dran?

**Plusieurs voix** | D'Frontalieren.

**M. Gilles Baum** (DP) | Pardon, hunn ech elo zweemol Residentë gesot? Pardon, d'Residenten an d'Frontalieren, pardon. Mir hunn als Majoritéitsparteieng eng aner Approche gewielt. Mir hunn d'Approche gewielt, dass mer gesot hunn, mir géifen d'Propose vum Expertegrupp suivéieren. Et sinn awer eng Rei, net Consideranten, mee Punkten, eng Rei Invitten dran, déi sech och an eiser erëmfanne respektiv an de Rieden, déi mer haten, zum Beispill de libre choix vum Vaccin, d'Limitatioun an der Zäit, eng Offre vaccinale an all de Géigenden an natierlech, fir och weiderzefuere mat de Campagnes de sensibilisation. Ech mengen, dass hei eng ganz Rei Usätz dra sinn, déi sech mat eiser Motioun, mat der Motioun Nummer 2, decken.

Mee well mir awer am Moment net bereet sinn, op de Wee ze goe vun enger allgemenger Impfflicht fir Residenten a fir Frontalieren, proposéieren ech menger Fraktioun, d'Motioun Nummer 1 hei net matzedroen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum. Ass nach eng Wuertmeldung do? Den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Bon, d'Motioun, mir wäerten dogéint stëmmen, well mer net fir eng Obligation vaccinale générale sinn. Ech fannen awer, dass ee wichtige Punkt hei drasteet, an dat ass: « à garantir le libre choix du vaccin lors de la précitée obligation vaccinale ». Ech wëll ganz kloer maachen, dass mer dat och an der Ried ugeschwat hunn. Wann eng Majoritéit heibannen op dee Wee geet, dann ass et primordial, dass mer net och nach d'Vertrauen zerstëieren, Porzellän zerschloen, well mer de Leit ëmmer vum Libre choix geschwat hunn an elo op eemol dann do erëm géifen zrëckrudderen, wat leider am Moment an den Impfzentren de Fall ass.

An ech mengen, onofhängeg dovun, ob mer zu enger Impfflicht kommen oder net, sollt dee Punkt ëmgesat ginn, och wa mir dës Motioun net matstëmme kënnen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Da geet d'Wuert bei den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, ech wäert Iech iwwerraschen: Mir stëmmen dat hei net mat, well mer jo selbstverständlech géint eng Impfflicht sinn! Ech hunn et awer esou e bëssen interessant fonnt - et steet als leschte Punkt do -, dass d'CSV géint eng Vaccination forcée wär, an dat vun enger Partei, déi proposéiert, dass d'Leit all puer Méint 500 Euro misste bezuelen, wa se sech net impfe loosser. Do ass schon eng kleng Nuance tëschent Vaccination forcée - wann een net vill Suen huet, dann dierf een all Kéiers 500 Euro bezuele goen - an enger Obligation vaccinale. Ech weess net, wéi d'CSV dat bei sech erkläert. Op jidde Fall, fir eis ass dat heiten net akzeptabel a mir stëmmen et net mat. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser.

Ier mer zum Vott vun dëser Motioun kommen, wollt ech drun erënneren, dass ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kënnen mat ofzestëmme. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun Nummer 1.

**Vote sur la motion 1**

De Vott fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 21 Jo-Stëmme géint 39 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*



Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy (par M. Marc Hansen), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

## Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2, déi vum Här Gilles Baum deponéiert ginn ass.

Wie wëllt nach d'Wuert zu där Motioun ergräifen? Den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Zu der zweeter Motion vun de Regierungsparteien: Mir hate jo virdu geschwat - an ech hat dat jo och e bëssen a menger Ried eng kéier ugeschwat - iwwert d'Residenten an d'Frontalieren oder d'Leit, déi fir Tourismus heihinner kommen. Dofir wollt ech elo d'Fro stellen, firwat dass Der elo net drageschriwwen hutt, wéi dat bei der CSV an der Motioun de Fall war, „pour les résidents“. Dir hutt hei geschriwwen „50 Joer“, awer ouni ze prezisiéieren „pour les résidents“. Huet dat e spezielle Grond, firwat Der Är Motioun do ophale wollt? Oder vläicht kënnt Der do eng Erklärung ginn als Regierungsparteien, well virdu war jo an de Rieden esou ugedeit ginn, wéi wann et fir d'Residentë wär. An der Motioun hutt Der dat elo opgeloo. Wat ass do de Sënn derhannert?

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen. An da ginn ech d'Wuert un den Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci, Här President. Ech wëllt am Fong genau dat selwecht iwwert dës Motioun soen, wat den Här Baum iwwer eis éischt Motioun gesot huet.

(Hilarité)

Dir hutt erkläert, wat Är Meenung ass. Hei ass Är Meenung. Mir hunn eis Meenung an der Motioun 1 ausgedréckt an och dofir gestëmmt. Dofir stëmme mer natierlech déi hei net mat, mir wäerten dergéint stëmme.

Ech wëll just soen, datt ech awer ongedëlleg waarden op d'Presentatioun vun deem Text, deem d'Regierung da mécht, op den Depot vun deem Text, fir dann a konstruktiver Aarbecht do matzeschaffen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Wiseler. An da geet d'Wuert bei d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech ka mech eigentlech just wonneren, dass aus där Motioun hei dee Punkt vun de Fräiheeten esou staark erauskënnt, souwuel bei de Considerante wéi bei den Invitten, wou jo dann dervunner rieds geet, dass ee wëllt d'Fräiheeten erëm zrëckgewanne respektiv d'Mesure-sanitaires allegéieren, respektiv d'Levée complète des mesures bei den Invitten.

Dir sot jo, Dir géift den Avis vun den Experte suivéieren. Dat kënnt menger Lektür no aus deem Avis vun den Experten net esou staark eraus, dass et drëms geet, d'Fräiheeten erëmzegewannen. Ech hunn elo nach eng kéier iwwert d'Objektiver gekuckt, déi si schreiwen an hirem Avis. Wann een do kuckt bei „but de la vaccination“, also, do kënnt dat net esou staark

eraus, wéi Dir et op jidde Fall soulignéiert. Dat ass dat Éischt. Ech ka mech eigentlech just doriwwer wonneren. An ech fannen dat relativ problematesch, dass dat awer esou staark als But dobäi erauskënnt.

An da froen ech mech och, firwat Der dann net dee Punkt vun der sozialer Staffellung mat eranhuet. Dir kéint jo, vu dass Der eng Rei Etüden an Optrag gitt, och eng Etüd an Optrag ginn, wou Der kuckt, awéiwäit et méiglech ass, dat sozial ze staffelen, wann Der et wierklech wëllt sozial gerecht maachen. An dat war et.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An da geet d'Wuert bei den Auteur vun der Motioun, den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci, Här President. Zwou Remarken. Effektiv, Här Goergen, et handelt sech ëm d'Residenten. Ech hunn och a menger Ried, mengen ech, zu kengem Moment gesot, dass d'Frontalieren hei mat dra wäeren an där Obligatioun, ausser natierlech, wa se am Gesondheits- oder Flegesecteur sinn. Dat ass déi éischt Prezisioun.

Déi zweet Prezisioun, déi geet un d'Madamm Oberweis: Wann Der de Pabeier vun den Experte liest op der Säit 12, Punkt 5, Allègement des mesures sanitaires, do steet dat awer dran, dass et effektiv d'Zil soll sinn, duerch e méi héijen Impftaux verschidde Mesurë kënnen zrëckzufueren.

Merci, Här President.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum.

Da kënne mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 2 kommen.

## Vote sur la motion 2

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 31 Jo-Stëmme géint 29 Nee-Stëmme ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## Motion 3

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3, déi vun der Sensibilitéit déi Lénk deponéiert ginn ass fir méi

Moyenen, fir eng Campagne ciblée fir d'Vaccinatioun ze lancéieren.

Wie wëllt nach d'Wuert zu där Motioun ergräifen? Den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Merci och der Madamm Oberweis an der Madamm Cecchetti, dass se sech d'Méi gemaach hunn, déi Motioun hei ze presentéieren, wou se dra fuerderen, dass mer sollte méi Moyenen a méi verstärkt a méi cibléiert Campagnë maachen, fir d'Leit fir d'Impfung ze gewannen.

Ech mengen, Dir hutt virdu hëieren, wat d'Madamm Gesondheitsministesch alles opgezielt huet, wat schonn alles gemaach gëtt, mat mobilen Ekippen, an de Supermarchéen, an de soziale Medien, an anere Publikatiounen, mat Broschüren an alle méigleche Friemsproochen - si huet esouguer Sproochen hei genannt, déi ech virdu nach ni hëieren hunn - a cibléiert an deene Gemengen, wou den Impftaux nach net esou héich ass wéi an aneren. Ech mengen, dass dat alles gemaach gëtt. Selbstverständlech ginn ech Iech vollkomme Recht: Dat solle mer och weider maachen. Wann do nach méi gemaach ka ginn, da kommt, da maache mir dat, selbstverständlech!

Mee ech mengen awer net, dass Är Konklusioun stëmmt, déi Der an där Motioun dann zitt, dass dat et géif eleng fäerdegrëngen, dass dann d'Vaccination obligatoire géif null und nichtig ginn, well ech mengen net, dass mer mat deenen Efforten eleng op deen Taux vu 85 % oder 90 % géife kommen. Duerfir proposéieren ech, déi Motioun net unzehuelen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An dann huet den Här Marc Goergen d'Wuert gefrot, nee, den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Also, als Éischt emol wollt ech awer e grouse Merci un de Gesondheitsministère ausdrécken, fir och Broschüren op Tigrinya gemaach ze hunn. Ech hu mech gefrot, wéi vill der Beneficiaire dovunner waren, sachant, datt dat d'Sprooch vun Ethiopien an Eritrea ass, also vun engem Deel vun der Populatioun. Et gëtt, mengen ech, weltwäit 9 Milliounen Spriecher vun där Sprooch. Ech wollt einfach wëssen, wéi vill Leit dat vläicht hei zu Lëtzebuerg betraff huet.

Mee dat gesot, hunn ech e puermol hei gesot - an ech sinn och op Social Media dofir e bësse lächerlech gemaach ginn, well ech dat gesot hunn -: „Impfe muss esou einfach sinn, wéi sech e Big Mac ze kafen.“ Ech stellen haut nach ëmmer fest, datt mer trotz allen Efforten, déi ech luewen an déi ech ënnerstëtzen a wou ech et gutt fannen, datt mer dat méi einfach gemaach hunn, mer nach ëmmer deelweis immens laang Waardezäiten hunn an deene Popup-Impfzentren.

Mir hunn d'leschte kéier nach iwwer e Fall an engem Akafszentrum geschwat, wou dee Moment, wou den Impfzentrum opgaangen ass, scho keng Tickete méi do waren, fir iwwerhaupt kënne geimpft ze ginn, an dann huet een nach fënnef Stonne misse waarden, bis datt dee leschten drukomm ass. Dat ass net einfach.

Mir brauchen eng nach méi breet Impfoffer, och bei den Hausdokteren. Dat ass schleppend. Ech hunn et selwer elo gesinn, wéi meng Fra sech wollt boostere loossen, do dauert et, bis den Dokter dann erëm genuch Rendez-vousen zesummenhuet, fir datt en déi Dosen, déi e kritt, ka verschaffen. E muss déi all zwou Woche bestellen. Et ass alles nach ëmmer e bësse schwéierfällig. Also, d'Regierung mécht vill, mee ech kann nëmme constatéieren, datt et nach ëmmer méi einfach ass, eppes Ongesondes fir säi Kierper ze maachen, wéi sech impfen ze loossen. An duerfir wäerte mir dës Motioun vun déi Lénk matënnerstëtzen.





**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement. Da ginn ech nach eng Kéier d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Merci, Här President. Merci och fir d'Reaktiounen, och e Merci der Ministesch - elo ass se grad net do, dach, si ass do, ech hunn Iech net gesinn - fir all déi Informatiounen vu vir-drin. Ech muss éierlech soen, et ass e bësse schnell gaangen, ech konnt déi zéng Gemengen net all opschreiwen. Wann et méiglech wier, déi Donnéeë schréfflech ze kréien, wann dat iergendwéi machbar wier ...

Mir louéieren natierlech déi Efforten, déi gemaach goufen. Ech froe mech trotzdem, awéiwäit et méiglech ass, mat deenen Efforte weiderzefueren, bis déi Impfflicht, natierlech wann Der eng stëmmt, dann do ass. Mee virun allem froen ech mech: Deen Tableau, dee mer gesinn hunn am Document de synthèse - wou ee jo gesäit, dass déi sozioekonomesch schwaach Leit déi sinn, déi am mannste geimpft sinn -, wann Der déi Donnéeën hutt, kënnt Der vläicht och erausfannen, wou déi Leit wierklech genau wunnen a wierklech nach méi genau op déi Leit duergoen. Ech mengen, dat wier och e bësse esou déi Fro, déi ech hunn. An, wéi gesot, ech géif mech freeën iwwer d'Donnéeën, fir dass mer kënne weider op deene schaffen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis. An da kritt d'Wuert den Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Merci, Här President. Also, am Prinzip ass jiddwer Motioun, déi eng besser

a méi diversifizéiert Kommunikatioun freet, eis jo sympathesch. Just, wann et hei mat der Zilsetzung ass, « rendre obsolète une obligation vaccinale contre le Covid-19 », da soe mir: Deen Zuch ass fort! An dofir stëmme mir dogéint.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Wiseler. An da kritt den Här Cruchten nach eng Kéier d'Wuert.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Jo, just nach vläicht, well den Här Sven Clement awer eppes Pertinentes gesot huet: En huet gesot, a mir deele jo alleguerten déi Meenung, d'Impfung misst esou kamoud si wéi méiglech. An natierlech, do gi jo vill Efforte gemaach, an ech weess och, dass verschidde Popup-Impfzentren op eemol total iwwerrannt waren, well vill Leit matenee sech wollten impfe loosse. A wann een da kee Rendez-vous huet, dann ass dat natierlech komplizéiert.

Mee vläicht tréischt et Iech, oder et sollt ee vläicht an deem Kader soen, dass elo an Zukunft och geschwénn d'Apdikter wäerte regional iwwer d'ganzt Land op verschidde Plaze kënne mathëllefen ze impfen. Dat kéint där Saach awer schonn eng gewësse Verbesserung ginn.

Ech wollt dat just soen, fir dat an dee Kader ze setzen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Cruchten, fir déi Prezisiounen.

Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 3 kommen.

#### Vote sur la motion 3

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 3 ass bei 8 Jo-Stëmmen an 52 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 19.39 heures.)*

## 30<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | Mme Djuna Bernard, Vice-Présidente

### Sommaire

- |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| <p><b>1. Ouverture de la séance publique</b> ..... p. 42<br/>M. Fernand Etgen, Président</p> <p><b>2. Heure d'actualité du groupe politique DP au sujet de la liberté de presse dans le contexte de la pandémie de la Covid-19</b> ..... p. 42<br/>Exposé : M. Guy Arendt (dépôt de la résolution 1)<br/>Débat : Mme Diane Adehm   Mme Francine Closener   Mme Djuna Bernard   M. Fernand Kartheiser   Mme Nathalie Oberweis (interventions de M. Fernand Kartheiser, M. Sven Clement et M. Marc Goergen)   M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel) (intervention de M. Fred Keup)   Mme Nathalie Oberweis (parole pour fait personnel) (interventions de M. Fernand Kartheiser)   M. Sven Clement<br/>Prises de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias   Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice (intervention de M. Sven Clement)   M. Sven Clement (parole après ministre)   M. le Premier Ministre Xavier Bettel<br/>Résolution 1 : M. Fernand Kartheiser   M. Sven Clement   M. Guy Arendt<br/>Vote sur la résolution 1 (adoptée) (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)</p> <p><b>3. Motion de M. Léon Gloden relative au code de déontologie des membres du Gouvernement et des hauts fonctionnaires</b> ..... p. 49<br/>Exposé : M. Léon Gloden (intervention de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État)<br/>Discussion générale : M. Fernand Kartheiser</p> | <p><b>4. Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser</b> ..... p. 49<br/>Exposé : M. Fernand Kartheiser</p> <p><b>5. Motion de M. Léon Gloden relative au code de déontologie des membres du Gouvernement et des hauts fonctionnaires (suite)</b> ..... p. 50<br/>Discussion générale (suite) : Mme Myriam Cecchetti   M. Sven Clement<br/>Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État<br/>Vote sur la motion (adoptée)</p> <p><b>6. 7425 - Projet de loi sur les armes et munitions et portant : 1° transposition de la directive (UE) 2021/555 du Parlement européen et du Conseil du 24 mars 2021 relative au contrôle de l'acquisition et de la détention d'armes ; 2° modification du Code pénal ; 3° abrogation de la loi du 20 avril 1881 concernant le transport et le commerce des matières explosives</b></p> <p><b>7428 - Projet de loi portant approbation du Protocole contre la fabrication et le trafic illicites d'armes à feu, de leurs pièces, éléments et munitions, additionnel à la Convention des Nations Unies contre la criminalité transnationale organisée, fait à New York, le 31 mai 2001</b> ..... p. 50<br/>Rapport de la Commission de la Justice sur le projet de loi 7425 : Mme Josée Lorsché (dépôt de la motion 1)<br/>Rapport de la Commission de la Justice sur le projet de loi 7428 : Mme Josée Lorsché</p> |
|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|



Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. Guy Arendt (intervention de M. Laurent Mosar) | M. Dan Biancalana | M. Charles Margue | M. Fred Keup | M. Marc Goergen (interventions par M. Fernand Kartheiser, M. Mars Di Bartolomeo, M. Sven Clement, M. Guy Arendt et Mme Simone Beissel)

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | M. Laurent Mosar (parole après ministre) (interventions de M. Emile Eicher et Mme la Ministre Sam Tanson) | Mme le Ministre Sam Tanson

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7425 et dispense du second vote constitutionnel

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7428 et dispense du second vote constitutionnel

M. Sven Clement | M. Marc Goergen | M. Sven Clement (interventions de Mme Nancy Arendt épouse Kemp)

Motion 1 (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Sam Tanson, Ministre.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Nee, Här President, dat ass net de Fall.

## 2. Heure d'actualité du groupe politique DP au sujet de la liberté de presse dans le contexte de la pandémie de la Covid-19

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn, déi d'DP-Fraktioun ugefrot huet iwwert d'Pressefräiheet am Kontext vun der Covid-19-Pandemie. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, d'Madamm Francine Closener, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Guy Arendt als Vertrieder vun der DP-Fraktioun, déi dës Aktualitéitsstonn ugefrot huet. Här Guy Arendt, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**M. Guy Arendt** (DP) | Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Journaliste vun haut, déi liewe relativ geféierlech, fir net ze soe ganz geféierlech. D'lescht Joer si weltwäit 46 Journalisten, politesch Blogger an aner Professioneller aus dem Secteur ëm d'Liewe komm an zwou Persounen si verschwonnen. 65 Membere vun der Press sinn entfouert ginn. 488 professionell Journaliste souzen zejoert am Prisong, 20 % méi wéi dat Joer virdrun. Dat hei sinn - an et muss ee wierklech soen - déi brutal Statistike vun engem Beruff, deem ëmmer méi an d'Kräizfeier vu Gewalt a Menacë geroden ass.

Kann ech Iech froe firwat? Ma ganz einfach, well se hir Aarbecht maachen. Si maachen hir Aarbecht a bezuelen duerfir deels e ganz, ganz battere Präis.

Zanter Joren erliewe mer doriwwer eraus staatlech Attacken op de Mediepluralismus. An Ungarn gi Radiostatiounen zougemaach. A Pole gëtt d'Fräiheet vun onofhängege Medien duerch Gesetzer ageschränkt. A Groussbritannien probéiert d'Regierung, fir der renommierter BBC hir finanziell Moyenen ze sträichen, fir nëmmen déi Beispiller ze nennen. Ech kéint hei nach ganz laang virufueren. Journaliste ginn attackéiert, menacéiert an op oppener Strooss erschoss. Op där enger Säit engagéiere sech Leit, fir d'Presse- an d'Meenungsfräiheet ze erhalen, an op där anerer Säit gëtt mat alle Mëttele probéiert, fir déi Fräiheet ze eliminéieren.

Mee och zu Lëtzebuerg gëtt et mëttlerweil Beweegungen, déi probéieren, der Press e Maulkuurf unzedoen, a si an hirer Missioun behënnere wëllen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Mediellandschaft hei am Land huet déi lescht Jore staark geännert: Et si Publikatiounen verschwonnen. Déi fréier staark ausgepräägt Relatioun zu politesche Parteien ass bedeitend zrëckgaangen. D'Gewicht vum Internet hält ëmmer méi zou. Zweek Presseorganer kommen esouguer just nach digital eraus.

A während fréier emol e Client domadder gedreet huet, fir eng Annonce ze annulléieren, wann him eppes net gepasst huet, stinn haut d'Journalisten am Collimateur vu méi oder manner oppene Menacen. Dat geet u mam Hashtag #Lügenpresse, mat deem soll insinuéiert ginn, datt d'Press vun alle méiglechen Institutiounen dirigéiert gëtt: vum Staat, vu Gewerkschaften, vun internationalen Interessegruppen oder vu groussen Entrepreneuren.

Wat de Support vum Staat, also d'Pressehëllef betrëfft, wëll ech hei un déi grouss Reform erënnere, mat där d'Regierung d'lescht Joer besonnesch der digitaler Entwicklung vun de Medie Rechnung gedroen huet. De Staat war sech der Roll vun der Press bewosst. D'Pressehëllef ass de Beleg, datt mir et hei am Land seriö huele mat der Demokratie a mam sougenannte véierte Pouvoir. Si ass mitnichten e Mëttel vun der ëffentlecher Hand, fir d'Press ze beaflossen. All Mënsch, deem d'Televisioun kuckt, de Radio lauschtert an Zeitunge liest, ka sech all Dag dovunner iwwerzeegen. Wien de Contraire behaupt, dee litt!

D'Press an d'Medien allgemeng sinn e wichtege Pilier vun enger Demokratie. Si sinn de Grondstee vun all ëffentlecher Diskussioun. Si informéieren d'Bierger an erlabe jidderengem, sech eng Meenung zu engem Thema ze bilden. Hir Onofhängegkeet ass de Garant fir en oppenen Discours an en objektive Bléck op dat, wat eis Gesellschaft ausmécht.

Vill vun eis heibannen - wann net déi meescht - hunn hir Erfarunge mat der Press gemaach, där gudder an där manner gudder. Heiansdo hätt ee sech gewënnscht, den Artikel oder de Reportage wier e bëssen aneschters ausgefall, mee dat läit an der Natur vun der Saach. An trotzdem: Dat Allerwichtigst ass, datt de Bierger op eng verständlech an nuancéiert Manéier informéiert gëtt, fir datt e sech eng Meenung maache kann!

Mee, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat sech a leschter Zäit an eiser Gesellschaft an an eiser Presse-landschaft ofspilt, ass net méi ze akzeptéieren!

Et huet ugefaangen Enn 2019 mat enger Doudesmenace géint eng Journalistin vun RTL. Wat deemools nach wéi en eemolege Virfall ausgesinn huet, huet sech an der Pandemie zu enger Well vu Menacen an Aschüchterungsversich entwéckelt. Am Mëttelpunkt stinn dobäi Anti-Impf-Aktivistinnen an hir Supporter, déi an de soziale Medie sans gêne géint d'Journaliste klappen. D'Press ass quasi zum Fräiwëld erkläert ginn. Déi Leit probéieren och, d'Press mat gemeinsame Plachten a mat héije Fuerderungen no Schuedenersatz anzuschüchtern.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat ass eng Entwécklung, déi eis muss ze denke ginn a wou mir zesummen hannert de Medien an hannert der Meenungsfräiheet stoe mussen. „Wehret den Anfängen!“

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Guy Arendt** (DP) | Et dierf net sinn, datt Fotografen op Manifestatiounen harceléiert gi vu Leit, déi behaupten, si géife fir hir Meenungsfräiheet protestéieren. Si vergiessen dobäi, datt all Fräiheet do ophéiert, wou deem anere seng ufänkt.

Et dierf net sinn, datt Zeitunge weinst hirer Berichterstattung juristesches porsuivéiert ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Guy Arendt** (DP) | A wat nach méi schlëmm ass: Dës Gewaltbereitschaft limitéiert sech net méi just op d'Aarbecht vun de Journalisten. Nee, dës Gewaltbereitschaft dréngt bis an d'Privatliewe vun de Journalisten - a Journalistinnen natierlech - an. Privat Handysnummere ginn a Fore vun Impfdemonstrante gedeelt. Oppe Morddrounge ginn an dëse Foren ausgeschwat. Et gëtt och erkläert, mat wat fir enge Mëttelen ee géint Journaliste ka virgoen. An engem Fall ass e ganz Arsenal vu Messeren a vu Schosswaffen opgezielt ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et dierf net sinn, datt Journalisten ëffentlech bedreet ginn a souguer ëm hiert Liewe fäerte mussen, well se hir Aarbecht maachen. Mir mussen esou Leit kloermaachen, datt dat net geet an datt eise Rechtsstaat mat alle Mëttelen dogéint virgeet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Guy Arendt** (DP) | Am Januar 2015 hu mir gesinn, wéi wäit Haass géint d'Press ka goen. Den Hashtag #JeSuisCharlie huet deemools d'Ronne gemaach. Vill Leit hunn domat hiert Matgefill an hir Ënnerstëtzung zum Ausdrock bruecht. Siwe Joer méi spët gesi mer awer, datt d'Press nach ëmmer méi menacéiert gëtt. Mir mussen d'Medien duerfir net just en droit, mee och en fait ënnerstëtzen.

Ech erlabe mir duerfir, eng Resolutioun eranzerechen, an där d'Chamber nach eemol hir Bereetschaft an deem Sënn ënnersträicht. An ech si frou, datt all d'Parteien a Sensibilitäte mat där Resolutioun d'accord sinn a se och ënnerschriwwen hunn. Ech soen hinnen op alle Fall villmools Merci an, Här President, ech ginn Iech déi eriwuer.

### Résolution 1

« Relative à la liberté de presse et aux attaques contre les professionnels du monde médiatique dans le contexte de la pandémie de Covid-19 »

La Chambre des Députés,

- considérant que les médias accomplissent une mission importante qui consiste à renforcer la transparence politique et sociale en fournissant des informations fiables et vérifiées ;



- considérant que la crise sanitaire a mis en évidence le rôle essentiel des médias d'agir en tant qu'observateur critique et porte-voix objectif au sein de toute société démocratique ;

- constatant que les journalistes et autres professionnels du secteur médiatique sont de plus en plus souvent les victimes de harcèlement et d'actes d'intimidation ;

- constatant que la violence s'incruste de plus en plus dans le débat public ;

- constatant que les menaces envers les professionnels du secteur ne se limitent point au seul contexte professionnel, mais s'étendent à la vie privée des professionnels ciblés ;

- considérant que les menaces envers les journalistes se concrétisent par le partage sur les réseaux sociaux de détails personnels, dont notamment des numéros de téléphone et des adresses de domicile privées,

s'engage

- à réaffirmer le rôle de la presse et l'importance du pluralisme médiatique en tant que piliers cruciaux d'une société démocratique ;

- à soutenir la presse professionnelle et les services des médias dans leur travail d'information et de révélation, dénonce

- toute incitation à la violence et toute forme de pression exercée sur la presse et les médias ;

- le non-respect de la vie privée des membres de la presse.

(s.) Guy Arendt, Diane Adehm, Djuna Bernard, Sven Clement, Francine Closener, Fernand Kartheiser, Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Arendt.

**M. Guy Arendt (DP)** | Fir eis als DP ass eppes kloer: D'Press an hir Journaliste mussen onofhängeg bleiwen. Si dierfe weeder vun engem Parlament nach vun enger Regierung nach vun Institutionen, der Wirtschaft oder vu Privatleit beaflosst a scho guer net bedreet ginn.

Als onofhängege Beobachter a Commentateur erfüllt d'Press eng essentiell Missioun an eiser Gesellschaft an dréit zu engem ponderéierten Discours bäi. Si mécht op Mësstänn opmierksam, si fuerdert Erklärungen a si informéiert.

Ech hunn et schonn eemol gesot an ech soen et nach eng Kéier: D'Press ass ee vun de Piliere vun all Demokratie a vun eiser Demokratie! De Moment gëtt probéiert, un dësem Fundament ze rappen. Duerfir musse mir ganz dältlech maachen, datt mir dat Fundament beschütze wäerten!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Arendt.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**Mme Diane Adehm (CSV)** | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Gewalt fänkt ëmmer mam Wuert un, an dëst egal ob um Pabeier, an de soziale Medien oder am Bistro. An hei muss den Hiewel ugesat ginn. Den Discours vu Gewalt muss agedämmt ginn, well duerch dësen Discours gëtt Gewalt virbereet a propagéiert, an dat iwwerall an eiser Gesellschaft. D'Meenungsfräiheet däerf net duerch Gewalt gepräagt ginn.

„Die garantierte Presse- und Meinungsfreiheit ist ein für die Demokratie zu hohes Gut, als dass es von irgendeiner Seite beeinträchtigt werden sollte.“ Dat sot eemol de fräieren däitsche Bundeskanzler Willy Brandt an hien hat domadder vollkomme Recht.

Wa Medien hir Aarbecht net maache kënnen, well se fäerten, aggresséiert ze ginn, da geet dat op d'Käschte vun den Notzer vun de Medien an am Endeffekt och op d'Käschte vun eisem Rechtsstaat a vun eiser Demokratie an domadder vun eis alleguerten, well ouni Pressefräiheet ass eng Demokratie nëmme schwéier virstellbar, wann net souguer onméiglech.

Wa mir awer e Bléck raus an d'Welt geheien, gesi mer, dass et den Ament net ganz gutt ëm d'Pressefräiheet steet: D'Zuele vu Reporters sans frontières sinn erschreckend!

Mee mir mussen och fir d'éischt emol virun eiser eegener Hausdier kieren. Hei zu Lëtzebuerg kënnen mir eis glécklech schätzen, eng staark, fräi an onofhängeg Press ze hunn, mee leider gi rezent Virfäll aus de leschte Méint eis Grond zur Suerg. Méi nach: Et besteet kloer Handlungsbedarf fir eis alleguer!

Während der Pandemie hunn d'Journalisten hiert Beschäftigt, fir d'Leit esou gutt wéi méiglech iwwert d'Pandemiegeschéien ze informéieren, a kruten dowéinst vu verschiddene Leit iwwelst Reproché bis hin zu Morddrounge gemaach. Hei muss ee ganz kloer soen: „Stopp, dat geet net!“ A wéi schonn am Ufank gesot, scho laang virdru muss ee Stopp soen.

Erschreckt hunn eis déi Virfäll alleguerten, d'Virfäll um Rand vun de Manifestatiounen géint déi aktuell sanitär Mesuren. Mir denken hei un d'Journalisten an d'Fotografen zu Lëtzebuerg, awer och am Ausland, déi deels verbal aggresséiert goufen, awer och an de soziale Medien deels esouguer bis zu Morddrounge kritt hunn. Esou gouf probéiert, hinnen Angscht ze maachen a si un hirer Aarbecht ze hënnere.

Dëst sinn alles intolerabel Ugrëff op d'Pressefräiheet an dowéinst gläichzäitig Ugrëff op eis Demokratie. Angscht an Angschtmaacherei dierfen nimools e Mëttel vun der demokratescher Ausernanersetzung sinn, weeder am Wuert an nach vill manner an der Dot.

Fakt ass: Hei zu Lëtzebuerg ass d'Pressefräiheet net duerch de Staat a Gefor, mee duerch Respektlosigkeit, Gewaltbereitschaft an Haass vun eenzelne Leit, déi et och nach fäerdegbréngen, anerer matzerappen. D'Fräiheet zur Gewalt an zum Haass gëtt et awer net, och net zum Gewaltopruuf oder zum Hate-speech.

Hei musse mir eis als demokratesch gewielt Vollektivverrieder ouni Konditioun hannert déi betraffe Journaliste stellen, mee och hannert d'Press am grouse Ganzen. D'Journaliste mussen kënnen fräi hir Aarbecht maachen, ouni Angscht ze hunn, well d'sozial Medien kënnen d'Journalisten zwar an hirer Aarbecht ënnerstëtzen, mee ersetze kënnen si se definitiv net.

Duerfir wëll ech hei och ganz kloer soen: Demokratie a Fräiheet brauche professionell Pressefräiheet a professionelle Journalismus. Grad an Zäiten, wou all Zort vu Pseudoinformatiounen doruechter zirkuléieren, mussen dës ageuerdent, sortéiert an analyséiert ginn. An de soziale Medien zirkuléieren ze vill Hallefwouerechten, déi vun ze ville Leit ugeholl ginn. Aus dësem Grond hunn ech och eng Aktualitéitsstonn ugefrot iwwert déi sougenannt Fakenews.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Diane Adehm (CSV)** | Här President, en anere Phenomeen, deen zënter geraumer Zäit zouhëlt, ass dee vun de SLAPP-Kloe géint Journalisten. Dës „Strategie lawsuits against public participation“ ginn

ëmmer méi géint Journaliste verwent, fir si an hirer Aarbecht ze behënneren, andeems se duerch mat den Hoer erbäigezunne Plainten zäitlech wéi finanziell schachmatt solle gesat ginn. Bei esou enger Plainte geet et nëmme drëms, déi betraffe Journalisten ënner Drock ze setzen oder souguer monddout ze maachen.

Hei ass et fir mech a meng Kolleegen aus der CSV-Fraktioun kloer, dass d'Gesetzgebung d'Journalisten an hirer Aarbecht schütze muss a mir sinn och oppen dofir, fir d'Gesetz do, wou et Sënn mécht, unzepas-sen.

Och e bessere Monitoring vun de Social Media ka vill dozou bäidroen, fir d'Gewalt anzedämmen an d'Journalisten esou besser ze schützen, fir dass si hir Aarbecht maache kënnen. Och d'Police, déi vill a gutt Aarbecht an de leschte Wochen a Méint gemaach huet, muss nach méi sensibiliséiert ginn, fir op d'Journalisten opzepassen.

Här President, ech halen do op, wou ech ugefaangen hunn: Den Discours an eiser Gesellschaft muss vun all Gewalt befreit ginn. Eng fräi Gesellschaft gëtt et just mat Gewaltfräiheet!

Ofschléissend soen ech dem Guy Arendt villmools Merci fir dës Aktualitéitsstonn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Diane Adehm (CSV)** | An Iech soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Adehm. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Francine Closener (LSAP)** | Merci, Här President. Als Éischt wëll ech och dem Guy Arendt Merci soe fir dës Aktualitéitsstonn, wou mer elo iwwer eppes diskutéieren, wat fir e Rechtsstaat, eng Demokratie a sech eng Selbstverständlechkeet ass an natierlech och muss bleiwen: d'Pressefräiheet. Well ouni eng fräi an onofhängeg Press ass eng Demokratie an akuter Gefor an dat muss mer eis an de Leit dobaussen erëm bewosst maachen. Et geet ëm den Erhalt vun eiser Demokratie, ëm net manner wéi dat!

Datt d'Press och zu Lëtzebuerg Drock muss aushalen, dat ass wuel näischt Neies. Ëmmer nees gëtt et Versich, Journalisten ënner Drock ze setzen, ze manipuléieren, anzeschüchtere, vu Politiker, vu Geschäftsleit, vun allméigleche Leit, déi sech schlecht an ongerecht behandelt fillen. Deen Drock huet ganz vill Facetten: Dat geet vun engem Telefonsappell bei en Direkter vun engem Editiounshaus bis zur Plainte um Geriicht a Perquisitiounen a Redaktiounen. Dat geet vun Aussoe wéi: „Wann s de dat elo schreifs, da suergen ech derfir, dass Du ni méi en Interview kriss!“ bis hin zu der Menace, keng Annoncé méi ze schalten, wann deen allze kritesche Journalist net direkt e Complaisance-Reportage hannendru mécht.

Dat alles kennen d'Journalisten zu Lëtzebuerg zanter ville Joren. Dat ass net ëmmer flott an d'Meenungsfräiheet, de Quellschutz, d'Recht op Informatioun an op Informatiounszougang ginn ëmmer nees Ulass zu Diskussiounen. Klammer op: De Medieminister seet eis bestëmmt, wou den Dossier drun ass vum Informatiounszougang respektiv vun der Evaluatioun vum Transparenzgesetz.

Also, wéi gesot, et gouf schonn ëmmer Diskussiounen an och Attacken. Awer dat, wat mer elo erliwien, dat ass „du jamais-vu!“ Déi Attacken op d'Press hunn eng aner Envergure kritt, déi net ze toleréieren ass, oder fir de Chefredakter vum „Tageblatt“ ze zitieren: „Et gi



Momenter an engem Land, wou ee muss soen: „Et geet duer!“ An et geet duer: perséinlech Attacken, physisch Gewalt, Hatespeech, Mordmenacé géint Journalisten zu Lëtzebuerg, déi hir Aarbecht maachen, déi Fakenews entlarven, déi Pseudowissenschaftler op den Zant fillen, déi Ligener mat Fakte konfrontéieren, déi op eng verständlech Aart a Weis erklären, wat Impfungen bréngen, déi kritesch hannerfroen - nach an nach an nach.

D'Journaliste leeschten ee vun de wichtigste Baiträg an der Bekämpfung vun der Pandemie a ginn dowéinst elo zur Zilscheif vun, jo, soll ech soen „Impfgéigner“? Oder sinn et net vill méi Leit, déi op eng ganz perfid Manéier de Frust vu ville Mënschen, hir Onsécherheeten, hirt Gammsen op einfach Léisungen an op Sënnbeck notzen a benotzen, fir lues awer sécher eis Cohésion sociale futti ze maachen an eise Rechtsstaat ze ënnerhillegen?

Kritesch Press monddout ze maachen ass ëmmer dat éischt Mëttel vun autoritären, antidemokrateschen, faschistesche Regimenter. An d'Populisten an déi Rietsradikal maachen dat ganz subtil, mat engem Langage, deen ëmmer nees Grenzen test an no hanner verréckelt, deen dat salonfäeg mécht, wat viru Joren nach onméiglech war, well se et widderhuelen, well mer eis dru gewinnen, well et zu enger neier, geféierlecher Normalitéit gétt.

Léif Kollegeinnen a Kollegen, et gétt Momenter, wou ee muss soen: „Et geet elo duer!“ Et ass un eis heibanen, dem éischte Pouvoir vum Land, de Volleksvertreder, fir en Zeechen ze setzen an dat haart ze soen: „Et geet duer!“ De Kampf géint déi, déi eise Staat, eise Zesummeliewe wëlle futti maachen, dee Kampf muss eis alleréischte Prioritéit sinn! Déi aner Säit huet vill Terrain gutt gemaach. D'Situatioun ass esou fragill wéi scho laang net méi. Mir därefen dat wierklech net ënnerschätzen.

Duerfir wëll ech vun dëser Plaz am Numm vu menger Partei, der LSAP, de Journalisten eis Solidaritéit soen. Loosst Iech net ënnerkréien, mee loosst Iech och net provozéieren! Et ass natierlech schwéier, sech zréckzehalen. Et ass schwéier, Leit, déi ee fir nidderrächteg hält an och nach fir munch aneren, net effentlech esou ze nennen. Mee et dierf een net op se erafalen! Domadder spillt een hinnen an d'Kaarten. Si waarde jo nëmmen drop, sech als Affer a Märtyrer ze bezeichnen!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Et gétt en haarde Match. Dorop muss jiddweree sech astellen. Léif Frënn vun der Demokratie, méi wéi jee géllt: „Wehret den Anfängen!“ Ech zielen op Iech! Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Closener. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Wa mir an de Jore virun 2020 an Europa iwwert d'Pressefräiheet geschwat hunn, da goung et oft ëm Entwécklungen an Zentral- an Osteuropa. Spéitstens, wa mer de leschte Rapport vu Reporter ouni Grenzen kucken, drängt sech awer de Constat op, dass mat der Pandemie d'Pressefräiheet ëmmer méi och zu Lëtzebuerg an a sengen Nopeschlänner a Gefor geréit, an dat duerch verbal, juristeschen an zum Deel souguer kierperlech Attacken op Journalist/innen.

Fir eis Gréng ass et evident a glaskloer, an ech wëll et dowéinst hei op dëser Plaz nach eng Kéier an aller

Däitlechkeet soen: Mir stellen eis géint esou Aschüchterungsversich a solidariséieren eis mat de concernéierte Journalist/innen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Aschüchterung a Gewalt géint en essenzielle Piller an eiser Gesellschaftsuerdnung gi géint all Virstellung vun Demokratie a vu Politik, wéi mir se säit der Grënnung vun eiser Partei vertrieben.

Oft setzen d'Auteure vun esou Dote Verschwörungstheorien op a fannen do kee Wee méi eraus oder se radikaliséieren sech a Filterblasen oder och änleche mediale Raim. D'Ausstellung „Gleef dat net ...!“, déi rezent am Stater Geschichtsmusée ze gesi war, thematiséiert dës Problematik ganz däitlech. Hei gétt ënnermoolt, wéi vill Verschwörungstheoretiker d'Onofhängegkeet an d'ontologesch Prinzippe vun der Press a Fro stellen.

Do liest een dann Zitater wéi, an ech zitieren: „D'Medie sinn eng terroristesch Band, déi Äre Geescht voll am Griff huet. Si maachen Iech zu ganz domme Sklaven ouni Vergaangenheet an ouni Zukunft. An d'Medie si weltwäit an den Hänn vun enger Clique, déi en Interessi drun huet, eis Natiounen, eis Vëlker, eise sozialen Zesummenhalt ze brieche, fir eis besser ausraiberen an ausbeuten ze kënnen.“ Zitat Enn. Dëst ass eng vun deene villen erschreckenden Aussoen, déi een op de soziale Medien lese kann an déi engem enorm ze denke ginn.

Dofir ass et och wichteg, op dëser Plaz de Lien ze maachen zum Hatespeech, zu deem d'Majoritéitsfraktiounen am November 2021 zesummen en Debat an der Chamber ugestouss hunn. Theeme wéi d'Medien-erzéiung, mee och d'zouhuelend Radikalisierung vun eiser Gesellschaft wëll ech och hei erëm eng Kéier no vir bréngen.

D'Aktualitéit vun dësem Debat bréngt leider awer och mat sech, dass Beaflossung vu Journalisten an der leschter Zäit och ëmmer méi oft iwwert de juristesche Wee gelaf ass. Hei sinn et déi sougenannt SLAPP-Kloen, a se goufe schonn erwänt, déi e Problem duerstellen a mat deene sech aktuell och d'EU-Kommissioun befaasst.

Mir Gréng schwätzen eis kloer derfir aus, d'Press hir Aarbecht maachen ze looschen, och a grad, wann déi engem net ëmmer gefält. A mir stelle fest, dass déi, déi ëmmer am haartsten no der Meenungsfräiheet järeien, fir hir diskriminéierend Usichten ze decken, elo déi éischt sinn, déi bei d'Justiz lafen, wann een e béist Wuert iwwer si seet.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | An déi, ganz niewebäi gesot, esou Schutz bei déi staatlech Institutione siche ginn, déi si op anere Plazen ëmmer erëm probéieren ze ënnergrüwen.

Richtig ass, dass an eiser Gesellschaft all Bierger d'Méiglechkeet huet, fir viru Geriicht säi Recht anzekloen. Dat heescht awer net, dass et legitim ass, wa Journaliste mat Kloen zougedeckt ginn, deenen hiert eenzegt Zil et ass, si anzeschüchteren oder rouegzustellen.

D'EU-Kommissioun schafft op dësem pertinente Sujet a mir fannen, dass Lëtzebuerg dës Sujet konstruktiv an oppe begleele soll.

Här President, ier ech zum Schluss kommen, nach e puer Wuert zu der histoirescher Anuerdnung vun dem haitegen Debat.

Wa mer e kuerze Bléck an d'Vergaangenheet werfen, da gesi mer, dass fréier d'Vertraue vum Public an

d'Journalist/innen och net ëmmer einfach gi war. Trotzdeem ass et esou, dass fréier de Printjournalismus eng gewëssen Deitungshoheet hat, déi haut am Zäitalter vu soziale Medien an Internetforen ëmmer méi um Bréckelen ass.

Wéi de Romain Hilgert 2004 geschriwwen huet, war et zu Lëtzebuerg ganz laang esou, dass déi histoiresch Bannung vun de groussen Zeitungen u Gewerkschaften a Parteien zwar net onproblematesch war a puncto Onofhängegkeet, awer gläichzäiteg och fir e gewëssent Vertrauen an eng Bannung vun de Lieser/innen un d'Medie gesuergt huet. 2005, ee Joer duerno, koom mat YouTube a Facebook dunn eng nei Konkurrenz fir d'Informationsmedien, un déi virdru kaum ee geduecht hätt.

Här President, haut si mer an engem mediale Kontext, wou d'Vertrauen ëmmer méi rar gétt duerch déi wirtschaftlech, technologesch a sozial Verännerungen an eiser Gesellschaft. D'Journaliste mussen sech dëst Vertrauen all Dag erëm nei erkämpfen. A mir als Politik hunn d'Verantwortung, hinnen doranner ze hëllefen, andeems mir hinnen d'Moyene ginn, fir eng gutt Aarbecht ze maachen, notament mat engem moderne Pressehëllefsgesetz, wat dës Koalitioun en place gesat huet, mat der Ëmsetzung vun der Whistleblower-Direktiv, déi d'Justizministesch viru Kuerzem presentéiert huet, an awer och engem Informationszougangsrecht.

Heizou seet d'ALJP (ndlr: Association luxembourgeoise des journalistes professionnels) ganz pertinent: « Dans un contexte où les fake news foisonnent partout, il faut une presse indépendante dotée des moyens qui lui permettent de vivre cette indépendance. Sinon, tous les reproches qui viennent des marges accusant les médias d'être à la botte du gouvernement auront toujours leur part de vérité. »

An dofir, Kollegeinnen a Kollegen, wéilt ech gäre vun dëser Debat profitéieren, fir de Medieminister ze froen, wou de Prozess ronderëm d'Informationszougangsrecht drun ass. Eises Wëssens gouf op en Avis vum Presserot gewaart. Ass dës mëttlerweil do? A kënnt et do zu enger neier Circulaire oder engem eventuelle Projet de loi?

Wann ech elo ofschléissen, wëll ech awer dem Här Guy Arendt an der DP-Fraktioun e ganz grouse Merci soen, dass se dëst wichteg Theema, besonnesch zu dësen Zäiten, nach eemol ganz uewen op d'Chambersagenda gesat hunn an der Chamber esou d'Geleeënheet ginn hunn, fir eng kloer Positioun zur Presse- a Mediefräiheet ze ergräifen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. An ech fänken och direkt u mat engem grouse Merci un den Här Arendt an un d'Kollegee vun der DP, dass se déi Initiativ hei geholl hunn.

Et soll een ëmmer nees iwwert d'Fräiheet vun der Press schwätzen, well si ass einfach e Kärelement vun eiser Demokratie. D'Grondpositioun vun der ADR ass dowéinst och absolut kloer: Mir si resolut fir déi Fräiheet a géint all Zensur.

Wéi all aner Kollegen heibannen och, verurteele mir Ugrëff op d'Fräiheet vun der Press wéi och d'Gewalt oder Menacé géint Journalisten an aner Persounen, déi an de Medien aktiv sinn.

D'Press dierf a soll d'Politik an d'Politiker kritiséieren an hannerfroen. Et ass och dat, wat mir mengen, wa



mir d'Roll vun der Press als véierte Pouvoir am Staat beschreiwen. D'Press muss a soll opdecken, wat falschleefst an dobäi op der Säit vum Bierger stoen, fir déi dräi aner Pouvoiren ze kontrolléieren. D'Press an eise Länner därf doweinst och ni eng Regierungspress sinn oder ginn.

An deene leschte Joren huet een awer leider den Androck, dass si deem Rôle net ëmmer gerecht gëtt, och net hei zu Lëtzebuerg. A ville westleche Länner mécht si sech zum Sproochrouer vun der Regierungspolitik an hëlleft, kritesch Stëmme klengzehalen oder auszegrenzen. Amplaz vun eng Meenungsvillfalt hu mer dann dacks eng Pensée unique an der Press, e politesch korrekte Mainstream, deen net méi vill aner Meenungen niewent sech toleréiert.

Mir hunn de Phenomeen bei der Migrationskris gesinn. Et gouf wëssenschaftlech Etüden doriwwer. Et gouf Zeitungen, déi sech entschëllegt hu fir hir Politik, an Dänemark och viru Kuerzem am Kontext vum Covid. Mir gesinn et an der Diskussioun ëm de Klimawandel.

Hei zu Lëtzebuerg gesi mer besonnesch och an der Diskussioun ëm de Verfassungsreferendum esou e Phenomeen a mir gesinn e bei der Diskussioun ëm d'Impfungen an d'Impfpflicht am Kontext vum Covid.

Beim Verfassungsreferendum wor et esou, dass d'Bierger, déi sech an enger Initiativ zesumme fonnt hunn, massiv an der Press dofir kritiséiert goufen, dass si hir Biergerrechter ausfüllen. Et muss ee sech vill Suerge maachen, wann eng Press normal Bierger, ob si sech fir e Verfassungsreferendum asetzen oder och géint eng Impfpflicht militéieren, massiv ugräift, un de Pranger stellt a verdäiwelt.

D'Fräiheet vun der Press, zu där mir eis ouni Aschränkung bekennen, huet ëmmer och e Corollaire, eng direkt logesch Konsequenz, an déi heescht Verantwortung! Eng Verantwortung fir eis Gesellschaft, eng Verantwortung fir en ziviliséierten Ëmgang mateneen, eng Verantwortung fir eng Meenungsvillfalt a fir eng gefleegte Sträitkultur.

Et kann net sinn, dass eng Zeitung Leit perséinlech ugräift a sech duerno wonnert, wann déi Leit sech viru Gericht wëlle wieren. Dat huet näischt mat sougenannte SLAPP-Kloen ze dinn, also mat Kloen, déi zum Zil hunn, d'Press ze museléieren, mee dat huet eppes ze di mam Fonctionnement vun eisen demokrateschen Institutiounen an engem Rechtsstaat.

Wann déi Leit net de Wee iwwert de Conseil de presse wielen, fir sech ze verdeedegen, dann huet dat nach eng aner Ursach, an dat ass deen ëmmer méi séieren a massive Vertrauensverlust, dee mer an eise Land an op anere Plaze feststellen an d'Press an hir Organer.

Déi dacks eesäiteg Berichterstattung bei wichtege Froen - Migration, Klima, Verfassung, Covid - féiert dann och zu deementspriedende Verloschter vu Lieser, Nolauschteren an Nokuckerten. Vill Presseorganer hei am Land kéinten ouni déi offiziell Pressehëllef net iwwerliewen. Wann een och kann iwwert d'Pressehëllef an hir reng ekonomesch Aspekter gedeelter Meinung sinn, ass et an eisen Aen awer sënnavoll, déi Ënnerstëtzung ze behalen, fir eng Meenungsvillfalt ze erméiglechen. Nach ass et awer un der Press, fir dann ze weisen, dass si dann och all deene Leit, déi si mat hire Steiere finanzéieren, eng objektiv an neutral Plattform ka bidden, fir déi Meenungsvillfalt och an der Praxis ze erméiglechen!

Mir hunn nach ëmmer a groussen Deeler eng parteiorientéiert oder gewerkschaftsorientéiert Press zu Lëtzebuerg. Doweinst betoune mir besonnesch, dass all Bierger hei am Land déi Presseorganer iwwer hir Steiere matfinanzéieren an net nëmmen déi

parteiliches oder gewerkschaftlech Sympathisanten.

Mir brauchen objektiv an éierlech Informatioun, manner verurteilend Kommentaren, méi Objektivitéit a kontrovers Diskussiounen an der Press, wa si hire Rôle net wëllt un déi sozial Medie verléieren.

D'ADR setzt sech dofir a fir eng fräi Press mat Qualitéit, Villfalt a Verantwortung. Si kann a muss eng essenziell Roll an eiser Gesellschaft spillen. An dobäi wëlle mir a wäerte mir si ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Merci och dem Här Arendt an der DP fir dës Heure d'actualité, déi effektiv immens wichteg ass.

Siele war den Toun an eiser Gesellschaft esou rau wéi an der Lescht. Do si besonnesch d'Medien ënner Beschoss, déi all Dag op en Neits probéieren, d'Zesummenhäng ze erklären, Hannergrënn ze belichten an d'Politik ze kontrolléieren. Mee onofhängege Journalismus ass an Zäite vu groussen Spannungen oft unerwünscht. D'Journalisten hunn also eng schwéier Roll an eng Roll, déi an enger Demokratie awer indispensable ass. An trotzdem gesi mer ëmmer erëm, dass Medien a Journalisten decréditéséiert ginn a souguer ugegraff gi vu Leit dobaussen ... an och vu Leit heibannen. An dat ass grad bäi Wäitem déi bedenklechst Evolutioun!

Déi selwer ernannt Verfechter vu Meenungsfräiheet huele gär e Journalist viru Gericht, deen am Kader vun enger journalistescher Emissioun Aussoe mécht. Ech perséinlech fannen dës Aussoe vun deem Journalist och éischter onglécklech, mee et géif mer am Dram net afalen, Journalisten anzuschüchteren, andeem ech se virun d'Gericht huelen. Well esou Aschüchterungsversich gehéieren, an dat gesi mer uechtert d'Welt, zum Arsenal vun de Rietsextremen a vun de Populisten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Déi, déi géint Journaliste ginn, an déi, déi „Desinformatioun“ ruffen, sinn och déi, déi d'Gesellschaft wëlle splécken, andeems se dem aarme Lëtzebuerger soen, den aarmen Ausländer wär säi Feind. Dass se duerno all Gesetz hei ofleenen, wann och nëmmen e bësse probéiert gëtt, d'Logementskris an de Grëff ze kréien, oder dass se sech bei all Budget opreegen, well de Staat ze vill ausgëtt, weist eigentlech, dass och dës Partei, d'ADR, just d'Interesse vun den décke Portmonnie vertritt. Mee dat soe se léiwer net an net esou haart.

*(Interruptions)*

Ech mengen net, dass mer nach eemol müssen iwwert den Här Reding schwätzen, deen eng privat Telefonsnummer vun engem Journalist an de soziale Medien ëffentlech gemaach huet. Et ass eis kloer: D'ADR mécht Stëmmung géint déi onofhängege Medien.

Här President, mee wéi eng Iddi vu Meenungsfräiheet ass dat, déi eng ADR huet? Eng, an där verschidden Aussoe vun honorabele Kolleegen net als rassisteschen denoncéiert dierfe ginn, mee an där den Här Kartheiser ouni mat der Wimper ze zucken all

Problemer am Garer Quartier Schwaarzafrikaner zouschreift - en Zitat: „Schwaarzafrikaner“.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dir weist mer jo Är Zitater dann!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Dat kann ech gäre maachen. Dat war, wéi den David Wagner nach hei an der Chamber war. Dat kënne mer da gär duerno maachen.

Oder eng, an där d'ADR och keng Occasioun ausléisst, fir déi sougenannt „Lügenpresse“ - entre guillemets - duerch den Dreck ze zéien an esou d'Medien ze decréditéséieren. A jo, Meenungsfräiheet a Pressefräiheet ass zwar net dat selwecht, mee et gëtt net déi eng ouni déi aner.

Mee d'ADR ass net eleng! „Fakenews“ - entre guillemets genannt -, „Fakenews“ huet och d'Partei geruff, wéi si an enger Onlinezeitung kritesch ënnert d'Lupp geholl gi si virun zwee Joer, e bësse méi wéi zwee Joer.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Déi Source huet sech jo awer selwer diskreditéiert!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Madamm Oberweis, Dir wäert jo awer elo hei kee Peter Freitag verteidegen, wannechgelift!

*(Interruption par la présidence)*

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Mir kënnen duerno gären doriwwer schwätzen. Meng Zäit leeft nämlech weider.

Si wäeren „ze onbequeem fir eng gewëssen Elitt hei am Land“, huet et an engem Post op de soziale Medie geheescht. Fakenews an d'Leit dobaussen géint déi sougenannten Elitt opstëppelen, ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dir verteidegt den Här Freitag, dat ass gutt!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Dir musst Iech ëmmer direkt opreegen. Dir kënnt och eng Kéier nolauschteren!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Clement, Dir hutt d'Wuert net!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | ... u wat erënnert mech dat? Esou Propaganda huet an Amerika zu den Evenementer vum 6. Januar 2021 gefeuert. An ech hunn op soziale Medie gesinn, dass den Här Goergen den „Dhiraj“ (ndlr: Dhiraj Sabharwal, rédacteur en chef du quotidien „Tageblatt“) wor zent an do gesi mer alt nees, dass een als Kapitän bei de Piraten op engem Seegelschëff genee muss wëssen, vu wou de Wand bléist.

*(Brouhaha et hilarité)*

Här President, ech hunn an dëser Debatt awer och zwee Messagë fir d'Regierung. Mir hunn d'lescht Joer en neit Pressehëllefgesetz hei gestëmmt, dat net de grouse Worf wor. Mir hunn et verpasst, d'Medien aus hirer prekärer Situatioun ze befreien, dat heescht, als Demokratie hir Onofhängegkeet ze stäerken.

D'Regierung huet et och verpasst, endlech de Medien deen Informatiounszougang ze ginn, dee se awer gradesou vill brauchen. Wou bleift e gutt Informatiounszougangsgesetz, wéi d'Medien et elo scho säit Jore fuerderen? Esou ee Gesetz gëtt et an all Demokratie, déi e bëssen eppes op sech hält. Dass Communicanten a Ministèren an Administratiounen Informatiounen filteren, éier se un d'Journaliste ginn, ass eigentlech en Hon!

Och en Informatiounszougangsgesetz géif d'Medie stäerken, a grad dat géif se stäerken, géif d'Demokratie an d'Transparenz hei am Land stäerken. An dës Problemer, déi d'Glafwierdegkeet, grad d'Glafwierdegkeet



vu Medien an dësen Zäite schwächen, gouf et scho virun der Pandemie.

Ech kommen elo zum Ufank vu menger Ried zréck. Wa Verschiddener heibanne Stëmmung maache géint onofhängeg Medien, dierfe mer eis net wonnen, dass d'Leit dobaussen d'journalistescht Aarbecht net méi seriö huelen oder souguer mengen, d'Journaliste wiere Feinden, a se da menacéieren oder och kierperlech ugräifen.

Kommt, mir fänken emol un, virun eiser eegener Hausdier ze kieren! Mir als Legislatuer hunn och de Pouvoir, d'Medien ze stäerken. A wa mer dat géife maachen, dann hätte mer och scho vill zum demokrateschen Debat bäigedroen.

Merci fir d'Nolauschtenen.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An dann huet den Här Kartheiser d'Wuert gefrot fir Fait personnel a kritt d'Wuert och.

*(Exclamations et brouhaha)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, dat ass nun emol, ob d'Kollegen dat appreciéieren oder net, et steet nun emol am Reglement. A wann ee perséinlech attackéiert gëtt, dann dierf ee sech wieren. Mir si jo fir d'Fräiheet vun der Press. Mir si jo derfir, datt Meenungsvillfalt besteet. Mir sinn derfir, datt d'Leit sech kënne wieren. Dozou gehéiert eeben och de Fait personnel. An dee wäert ech elo huelen, fir der Madamm Oberweis op hir Interventioun ze äntworten. Déi wor e bëssen opgereggt. An an deem Kontext hutt Der mech och genannt, an dofir wëll ech Iech och äntworten.

*(Interruptions)*

Jo, dach, dach, dach! De Fait personnel besteet doranner, wann ee perséinlech genannt gëtt, datt ee sech ka wieren.

**Une voix** | ... d'ADR ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, nee, net nëmmen d'ADR, och „Kartheiser“! Kartheiser!

**M. Fred Keup** (ADR) | Dach, Kartheiser!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Obschonn ech mech gär mat menger Partei och identifizéieren. Mee loosse mer emol op de Fong vun der Saach kommen!

D'Madamm Oberweis huet mech genannt am Kontext vu rassisteschen Aussoen. Ech wëll dat absolutt, absolutt zréckweisen, absolutt! Well, kuckt emol, deen Incident, deen Dir genannt hutt, dat wor effektiv eng Diskussioun. Ech hunn Iech nogelauschtert. Ech hu probéiert, mech drun ze erënnern, an effektiv, mir haten eng Diskussioun iwwert d'Zoustänn op der Gare, wou och mengen ech, de Parquet do war an anerer. An do ass iwwert déi soziologesch Zesummesetzung vun den Drogendealer am Garer Quartier geschwat ginn. An de Parquet huet eis informéiert deemools, mengen ech, wann ech mech elo gutt erënnern ...

Et ass de mémoire, ech hunn elo keng Piëcen hei an esou weider. Mee just fir Iech ze situéieren, wéi déi Diskussioun war: Do ass eebe gesot ginn, datt déi Leit haaptsächlech aus Nigeria an aus anere Länner koumen, aus dem Subsahel, Afrika, klassesch genannt „Schwaarzafrika“, an dat huet och historesch verschidden Ursachen. Déi eng soen, dat ass, well déi Leit, déi do wunnen, nun emol net Wäisser sinn. Awer soen, dat kënnt historesch doduerch, datt eeben do déi Dschungele waren an déi Leit, déi vun do zréckkoumen, dovunner vu „Schwaarzafrika“ geschwat hunn.

Mee eng rassistesch Komponent, dat ass eppes ganz anescht! Wësst Der, wat Rassismus ass, Madamm Oberweis? Wësst Der, wat dat ass? Dat ass, wann een higeet an et seet een, deen aneren, well en anescht ass oder aus engem anere Kulturkrees kënnt, wär mannerwäerteg, wär eppes anescht oder eppes méi Niddreges. Dat ass Rassismus! Dat ass de Rassismus.

An nimools, nimools, kann ech Iech soen, géif ee vun der ADR esou ee Gedanken och nëmme formuléieren! Well deen Éischten, dee bei eis ...

**Une voix** | Très bien!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... deen Éischten, dee bei eis esou eppes géif maachen, dee wär net méi Member vun der ADR.

*(Brouhaha et exclamations)*

Et gëtt bei eis kee Rassismus! Et gëtt bei eis kee Rassismus toleréiert!

*(Brouhaha général)*

An ech loosse mir net hei soe vun Iech, Madamm Oberweis, déi e Regime representéiert, eng Ideologie representéiert, déi jorelaang Leit ënnerdréckt huet, datt et esou eppes géif bei eis ginn! Dir leit falsch!

**Plusieurs voix** | Aa!

*(Interruption par la présidence)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dann, fir dat nach ze soen an da schléissen ech of - ech hu fënnf Minutten nom Reglement an ech hunn nach e puer Sekonnen -, ech wëll Iech nach eppes soen, Madamm Oberweis: Dir kënnt hei probéieren, Leit ze kritiséieren, déi op d'Gericht ginn, well se vun iergendengem Journalist als „nidderrächtege Knaschtsak“ betitelt ginn. Mee dat huet näischt mat Fräiheet vun der Press ze dinn! Dat huet eppes mat Manéieren ze dinn, mat Respekt viru gewielte Volleksvertreieder zum Beispill!

Dat ass dat, wat mir wëllen uprangeren, doduerch datt mer soen: „D'Press ass fräi!“ A mir verdeedegen d'Fräiheet vun der Press! Mee mir hätten och gär, datt d'Journalisten déi Valeure representéieren, déi se vun eis afuerderen an déi se vun eis och gär kréien. Mee dat berout op Géigesäitgkeet.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An d'Madamm Oberweis freet d'Wuert, och fir Fait personnel, a si ass och zweemol zitéiert ginn.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Also et deet mer jo leed, dass ech den Här Kartheiser elo esou rose gemaach hunn, dat deet mer wierklech immens leed.

**Une voix** | Kee Problem!

*(Brouhaha et hilarité)*

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | An ech freeë mech immens iwwert déi Beléierungen. Ech lauschte-ren och wierklech ganz gär no, ech mengen, dat wësst Der entre-temps. Ech fannen et awer echt, dass Der mech esou beléiert, a virun allem iwwert d'Definit-ioun vu Rassismus!

Ech hunn zwee Joer an engem afrikanesche Land gewunnt, an d'Hallschent vu menger Famill kënnt aus afrikanesche Länner. Ech hunn immens vill Leit, déi sech domadden auskennen, an ech mengen, et ass net un Iech, iergendengem ze soen, wat d'Definit-ioun vu Rassismus ass! Déi Leit, déi an deene Situatioune sinn, wësse vill méi doriwwer, mengen ech, wéi Dir.

**Une voix** | Abee jo!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | An et ass net esou eng limitéiert Definit-ioun wéi déi, déi Dir grad ginn hutt, déi wierklech hir Definit-ioun ass. Ech mengen, et ass emol net all Mënsch sech eens iwwert d'Definit-ioun vu Rassismus. Punkt.

*(Interruption par M. Fernand Kartheiser)*

An déi Fro mat den Drogen ... An et ass net ënnert dem Deckmantel vun der Soziologie, wou Der kënnt iergendwellech Schwaarzafrikaner mat den Droge kuerzhänken.

*(Interruptions, brouhaha général et coups de cloche de la présidence)*

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Madamm Oberweis huet d'Wuert a soss keen!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... muss een oppassen, wat ee seet, fir datt an der Formulierung keng Mëssverständnisse ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert net méi!

**Une voix** | Jo! Huet Der d'Madamm Oberweis och gären op d'Gericht?

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir fueren elo weider mat eiser Aktualitéitsstonn an d'Wuert huet elo de leschten ageschriwwene Riedner. An dat ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, den Danger Dan huet a sengem Lidd gesot: „Faschisten hören niemals auf, Faschisten zu sein [...] hat die Geschichte gezeigt“. Dat mierke mer haut da ganz gutt. Ech nenne bewosst keen, mee ech mengen, jiddwereen, deen dat heiten dobausse suivéiert huet, ka sech dat ganz gutt virstellen.

Weinstens weess och den Här Montag - oder a nee, merd!, Freitag heescht en - dann elo, a wéi enger Partei en nach ëmmer nogelauschtert kritt, wien him nach ëmmer gleeft. Bon, dat kann en da bei Iech ausmaachen. Ech freeë mech, wann e bei Iech op der Lëscht steet.

Bref. En Ugrëff op d'Press ass och ëmmer en Ugrëff op d'Pressefräiheet, op d'Meenungsfräiheet an domadder och op d'Demokratie. Eng fräi Press ass als véierte Pouvoir essenziell fir eng funktionéierend Demokratie. A mir hunn zu Lëtzebuerg déi grouss Chance, an engem Staat ze wunnen, deen d'Pressefräiheet schützt. Mee dat ass net iwwerall esou.

Aus China an dem Iran hu mer zum Beispill héieren, wéi d'Covidpandemie an déi domat verbonnen Aschränkungen och benotzt goufen, fir Journaliste bei hirer Aarbecht ze behënnere fir ze verhënnern, datt d'Ausmooss vun der Pandemie am Land sollt public ginn. Reporter ouni Grenzen bericht och vun enger ganzer Rei Fäll, wou Regierungskritesch Journalisten an deene verschiddenste Länner opgrond vun zouene Grenze weinst der Pandemie net méi ausreese konnten an esou dem Risk vu politescher Verfolgung ausgesetzt waren.

Mat esou Problemer sinn d'Journalist/innen hei zu Lëtzebuerg glécklecherweis net konfrontéiert, mee och un hinnen ass d'Pandemie net spuerlos laanschtgaangen.

D'Stéchwuert „Lügenpresse“ an déi domat verbonnen Uschëllegungen an d'Ugrëff op d'Press sinn eppes, wat mer aus eisen Nopeschlänner scho laang kennen, wat zu Lëtzebuerg bis viru Kuerzem awer marginal war. Uschëllegungen aus der Bevëlkerung, datt d'Press net objektiv wier, mee just vun der Regierung



gelenkt géif ginn, fënnt een och hei am Land ëmmer méi, an dat leider zum Deel och bei Persounen, déi net do virdrun zréckzécken, Journalisten ze bedroen, wa se mengen, si wäeren net objektiv.

Dat ass eng besuergniserreegend Entwécklung, déi een net onkommentéiert stoen däerf loosson. An duerfir soen ech dem Kolleg Guy Arendt villmools Merci, datt en dëse Sujet op den Ordre du jour gesat huet.

Jo, heiansdo liest een an der Zeitung Saachen, déi engem net gefalen. A grad wann ee sech dem politeschen Debat stellt, da kënnt dat méi oft vir. Ech mengen, dat ass eis allegueren heibanne scho geschitt, datt mer eppes gelies hunn, héieren hunn, wat eis net gefall huet. Déi eng reege sech dann op, et misst een no de Leaks sichen, déi aner werfen der Oppositoun vir, si sollen net mat der Press schwätzen, déi aner reege sech driwwer op, datt d'Press Quellen zitéiert huet, déi hinnen incredibel virkommen. Bref, um Enn vum Dag ass et d'Recht vun de Journalist/innen, fir sech op déi Quellen ze beruffen, wou se wëllen, an dat dann ze assuméieren.

Heiansdo deet d'Berichterstattung wéi! Heiansdo fillt ee sech ongerecht behandelt! A jo, heiansdo iere sech och d'Journalisten! Kee behaupt, datt d'Journalisten onfeelbar wäeren. A jiddwereen huet d'Recht, sech opgrond vun engem Bericht bei der Press ze mellen, fir Fakte kloerzestellen, wann en da mengt, datt eppes falsch duergestallt gouf.

Et huet een awer net d'Recht, Journalisten ze bedroen, well se net dat schreiwen, wat ee wëllt. Ze bedauern, datt d'Press net fräi wier a just mat der Politik géif matlafen, an dann hinzugeen a Journalisten ënner Drock ze setzen, datt se dat solle schreiwen, wat ee selwer liese wëllt, féiert jo kaum zu méi Meinungsfräiheet oder Pressefräiheet. Mat perséinlechen Attacken, Uschëllegungen oder Erpressungen erreicht een absolutt näischt, ausser vläicht en Telefon vun der Police, well d'Journalist/inne sech dat, zu Recht, net gefale loosson.

Mir hunn d'Chance, an engem Land ze wunnen, an deem jiddweree seng Meinung fräi äussere kann, ob mer se deelen oder net. Wann een en Artikel, eng Télees- oder eng Radiosemissioun gesäit beziungsweis héiert, dann hält keen een dovunner of, dorop ze reagéieren. Vum klassische Lieserbrëif bis zu engem Video op Social Media steet et jiddwerengem absolutt fräi, eng Reaktioun ze publizéieren a Punkten ze kommentéieren oder richtegzestellen. An natierlech kann een dat och ausserhalb vun der Place publique maachen, andeems een de Journalisten eng Reaktioun zukomme léisst, ouni se ze verëffentlechen, oder eng Plainte beim Presserot deposéiert. Dofir gëtt et de Presserot!

Esou gesäit nämlech geliefte Meinungsvillfalt aus. Do geet et ëm Inhalter an Diskussiounen an net drëms, engem Angscht ze maachen, een ënner Drock ze setzen duerch Droungen, Gewalt oder eeben och finanziell Konsequenze vun de sougenannte SLAPP-Suits.

Well wann een net emol als Éischt bei de Presserot geet, fir do eppes ze denoncéieren, an direkt bei de Parquet geet, fir eng Plainte ze deposéieren, ma da beweist een, aus wat fir engem Holz ee geschnidden ass! Da weist een, datt et engem nëmmen drëm geet, fir onnéidegen Drock op Journalistinnen a Journalisten opzebauen an domadder ze probéieren, d'Journalisten dozou ze kréien, dat ze schreiwen, wat ee selwer héiere wëllt, well ee vläicht eng absolutt minoritär Meinung vertrueden huet.

Mir hu Gesetzter, déi d'Meinungsfräiheet a Journaliste schützen. An ech mengen, datt dat gutt ass, datt mer déi musse stäerken an datt mer virun allem als

Chamber Droungen an onnëtz Plainten net kënnen onwiddersprach stoe loosson. Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Medieminister Xavier Bettel.

#### *Prises de position du Gouvernement*

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Här President, erlaabt mer, och dem Guy Arendt hei Merci ze soen, dass en ons d'Méiglechkeet gëtt, an dësen Zäiten dëse Sujet ze abordéieren, an och den Orateure vun den anere Fraktiounen, eebe well dat, wat geschitt ass, net akzeptabel ass.

Ech kann et net als Medieminister akzeptéieren an ech kann et nach manner als Premierminister akzeptéieren, wou d'demokratesch Wäerter fir dës Regierung un éischter Stell och stinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Jo, Här President, mir liewen an enger Demokratie, wou jiddweree seng Meinung och kann äussere. Mee Haass ass keng Meinung. Intimidatioun ass keng Meinung. An och Gewalt ass keng Meinung.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Dat muss kloer sinn, dass all Ugrëff op Journalisten, also professionell Journalisten, am Fong en Ugrëff ass op ons Demokratie an och op ons Wäerter. An et ass grad an esou Zäite wéi elo, wou et wichteg ass, dass e Journalist ka fräi schaffen, dass en och kritesch an onofhängeg seng Aarbecht maache kann.

Dozou gehéiert och en onkomplizéierten Zougang zu den Informatiounen, an dat war och de But vun der sougenannter „Circulaire Bettel“; et ass e bësse komesch, wann een dat esou muss soen. An ech muss Iech och direkt hei matdeelen, Här President, dass déi Circulaire och vläicht net den Zweck ganz erfëllt huet vun der Iddi, déi hannert der Circulaire stoung. An duerfir hunn ech och dem Presserot eng iwwerschaaft Circulaire virgeluecht, fir den Zougang justement zur Informatioun nach besser, méi effikass kënnen ze gestalten.

A parallell gëtt och eeben de Bilan vum Transparenzgesetz gemaach. An ech schléissen hei wierklech keng Upassungen aus! Ech hat dat och schonn hei gesot op eng Fro vun der Madamm Closener, well ech der Meinung sinn, dass et muss méiglech sinn, dass den Accès op Dokumenter an der Praxis eebe soll esou fonctionéieren, wéi mer eis dat virgestallt hunn, wa mer de Constat gemaach hunn, dass dat eeben net de Fall ass.

D'Prinzipie vun Onofhängegkeet an eebe vun Transparenz si Kärprinzipie vun onser Gesetzgebung a vun deenen Texter, déi och hei ugeholl gi sinn. An ech sinn och ganz frou iwwert déi Reform, déi gemaach ginn ass an an der Chamber hei ugeholl ginn ass am Juli 2021 iwwert d'Pressehëllef, déi d'Press jo justement stäerkt an d'Aarbecht vu Journalisten och eebe stäerkt. Dat heescht, déi si laangfristeg och als Profession unerkannt a gestärkt.

Mir sinn eis bewusst, dass d'Press de véierte Pouvoir ass an enger Demokratie. An dat ass och gutt esou. An ech fannen et dowéinsters beängschegend, wann et Intimidatiounen oder Menacé gëtt vis-à-vis vu Journalisten. Dat ass net akzeptabel! Onfondéiert Kloe wéinst Diffamatioun oder Beleideigung nëmmen, well een d'Meinung vum Journalist oder vum Reportage net deelt, dat ass am Fong eng Tentative, fir de

Journalist ze intimidéieren, fir en anzuschüchteren, fir en am Fong ënner Drock ze setzen, dass en näischt méi dierf schreiwen, wat deen ee kéint verstoe wéi eng Positioun, déi deen net deelt oder ... Dat ass net de Sënn an de Stellessaachen vun engem Rechtsstaat!

Et huet ee Rechter, fir kënnen géint Saachen ze goen, mee et dierf een awer net probéieren, eng Aarbecht vun engem Journalist schonn dës le départ klengzekeréieren an hien am Fong a senger Aarbecht och ze limitéieren. An ech sinn och ganz frou, Iech kënnen unzekënnegen, dass d'Europäesch Kommissioun un esou Texter schafft. D'Europäesch Kommissioun ass amgaang drun ze schaffen, fir eeben och géint abusiv Poursuite - sou kéint een dat doten och nennen -, géint déi Intimidatiounen virzegoen. An ech kann Iech just soen, wann déi Direktiv bis kënnt, wann den Text bis do ass, wäerte mir déi och direkt ëmsetzen, fir dass och d'Press kann esou séier wéi méiglech fräi schaffen.

An et ass schonn hei gesot ginn an ech hunn dat och schonn hei gesot, Här President: Et ass och net akzeptabel, an esou engem héijem Haus wéi deem heiten e Feelverhalen och nach ze encouragéieren, wann ee perséinlech Informatiounen vun engem Journalist ëffentlech mécht, deen am Fong och permanent déi Informatioun vis-à-vis vum Journalist ... An da gëtt hei gesot: „Jo, et war e Screenshot an ech hu par hasard ...“ Et geet net! Dee Journalist krut Menaces duerno. Dat ass inakzeptabel an engem Rechtsstaat!

An ech muss och soen, dass, wann ee weess - an hei ass et gesot ginn -, et ass een e Vertrieeder vun der Natioun, dann erwaart ee sech och vun engem Vertrieeder vun der Natioun, dass en net Journalisten ënner Drock setzt, dass en net probéiert, een ze intimidéieren, dass en net am Fong de Journalist a senger Aarbecht ... Hei gëtt jo vun Dignitéit geschwat vun den héije Membere vun dëser Chamber. Ma dann erwaarden ech mer och en anert Behuele vis-à-vis vun der Press vun engem Deputéierten!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Et kann net sinn, dass se just dierf schreiwen, wat deem engen oder deem anere gefält an hir Aarbecht net dierfe maachen, soubal se e bësse kritesch sinn. Dat geet net!

Ech sinn houfreg, dass ech als Medieminister d'Press ënnerstëtzt hunn, obwuel een net ëmmer frou ass, wann ee moies d'Zeitung liest. Mee dat ass d'Aarbecht vun der Press. Si sollen net nëmme soen, wat se gutt fannen, well se deen ee vläicht léiwer hu wéi deen aneren. D'Objektivitéit ass de Grondprinzip vun hirer Aarbecht! A wa se déi Objektivitéit musse verléieren, well se ënner Drock stinn oder intimidéiert ginn, sinn ech net houfreg op verschidde Virgoensweise vu verschidde Leit och an dësem Haus, Här President.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Dir wësst jo, dass deen dote Virfall och eng Alert ausgeléist huet bei der „Plateforme pour renforcer la protection du journalisme et la sécurité des journalistes“ beim Conseil de l'Europe. Jo, et ass eng Plattform, déi all Menacé géint Journalisten a 47 Länner recenséiert an e wichtegen Outil ass, fir eeben och op d'Gewalt géint Journalisten opmierksam ze maachen.

Här President, ech hu virdru vun enger Situatioun geschwat, an där mer sinn an an där d'Aarbecht och wichteg ass. Mir mussen allegueren ... an dat ass e Kampf, dee mer gemeinsam mussen hunn. Eng Aarbecht vun engem Journalist, eng Recherche vun



engem Journalist huet méi Wäert wéi e Post op Facebook, wéi e Post op Twitter, wéi e Message op Instagram oder nach e Post op Telegram. Déi Aarbecht gëtt gemaach, déi Aarbecht gëtt recherchéiert. A mir mussen et fäerdegbréngen, dass d'Leit dat och gleewen. A mir gesinn, dass do och eng Glawenskris ass. Mir hunn et gesinn! Et huet bei der Politik ugefaangen. Kommt, mir sinn allegueren och éierlech: D'Politik krut e Kredititéitsproblem!

Elo ass et d'Press! A mir si schon amgaang, och der Wëssenschaft op eng Kéier net méi ze trauen an dëser Kris. Dowéinst ass et ganz, ganz wichteg, dass mer eeben an eng pluralistesch Mediellandschaft investéieren, dass mer deen Debat iwwert d'Radikalisatioun, dee mer jo och wëlle féieren hei an dësem héijen Haus, och organiséieren an dass mer eis bewusst sinn, dass eng fräi Press och zu enger Demokratie gehéiert. An et ass eng Pflicht vun all deene Leit, déi am éffentleche Liewe sinn an déi hei vu Wäerter schwätzen, déi Professionen ze verteidigen.

Ech soen Iech Merci a ginn d'Wuert direkt weider un d'Justizministesch.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Premier- a Medieminister Xavier Bettel. An d'Wuert huet elo d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Dir Dammen an Dir Hären, och vu mir e grouse Merci dem Guy Arendt, dass en déi Debat hei ugestouss huet, déi méi wéi jee noutwendeg ass. Et ass e Phenomeen, dee mer eigentlech jo aus dem Ausland kennen, dass d'Pressearbecht a Fro gestallt gëtt an an hirer Essen attackéiert gëtt. An u sech si mer dat och gewinnt, dass et ëmmer vun änleche ...

*(Interruption par M. Sven Clement)*

... Borden aus kënnt ... Entschëllegt, den Här Clement mécht Zeechen dohannen, en huet mech elo perturbéiert. Ok! ... vun änleche Borden aus kënnt. An ech regrettéiere wirklech, dass dat eppes ass, wat mer elo zu Lëtzebuerg och ëmmer méi begéinen.

Wéi bei ville vun Iech heibanne fänkt mäin Dag u mat Qualitéitspress an en hält och domadder op. An et ass eppes, wat ech op kee Fall wéilt mëssen!

Mir sinn effektiv an där Situatioun, déi de Premierminister elo grad beschriwwen huet, an där mer d'Press zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen. Déi finanziell Ënnerstëtzung ass dat eent, an et geet awer och doriwwer eraus ëm déi moralesch Ënnerstëtzung vun eis an natierlech och ëm déi juristesche Ënnerstëtzung.

An de Fait, dass d'Press attackéiert gëtt an hire Fundamenter, ass eigentlech op zwou Saachen zréckzeféieren. Dat eent ass effektiv dat, dass domadder déi Kriticken a Fro gestallt ginn. Dat ass jo eppes, wat mer elo och rezent zu Lëtzebuerg gesinn hunn: Wann eng Dagespress Portraite mécht vu Leit, déi implizéiert si bei deenen illegale Manifestatiounen, dann ass se Bedroungen ausgesat. Wann e Chefredakter vun engem Radiosender kritesch Commentaire mécht, da kritt e Mordmenacen. Wann e Journalist vun engem anere Radiosender der Saach op de Fong geet, da gëtt säin Haus mat Eeër beschoss. Alles dat si Situatiounen, déi intenabel sinn.

An do geet et op där enger Säit natierlech drëm, fir d'Leit anzuschüchteren, eppes, wat ganz kloer och vun eisem Dispositif pénal net toleréiert gëtt. An op där anerer Säit geet et och drëm, fir déi Informatiounen, déi iwwert dee Wee kommen, a Fro ze stellen, well mer eis allegueren bewusst sinn, dass haut effektiv ganz vill Informatiounen iwwert d'sozial Netzwerker zirkuléieren. A wann een déi traditionell, déi gutt recherchéiert, déi professionell Press als „Lügenpresse“ bezechent, da kann ee vill méi

einfach Onwourechtchen, onwëssenschaftlech Recherchen oder Affirmatiounen iwwer sozial Netzwerker verbreedchen.

Mir kënnen ganz viles do iwwer Preventioun, iwwer Medienerzéiung - dat ass och schon haut ugeschwat ginn - léisen, awer net alles. An natierlech muss hannendrun alles do sinn, fir kënnen géint déi eenzel Infraktiounen, déi kënnen do stattfannen, virzegoen. Mir hunn d'selwecht wéi an der Belsch an an Däitschland kee spezifesch legale Kader, fir géint Menacen oder Violencë géint Journaliste virzegoen. Do sinn et déi normal Dispositiounen, déi sech applizéieren. Bei enger Droung sinn dat zum Beispill d'Artikelen 327 bis 330 vum Code pénal oder bei enger Kierpervletzung sinn dat d'Artikelen 392 a folgend vum Code pénal.

An der Belsch ass et identesch wéi hei oder quasi identesch. Dir wësst, dass eisen Dispositif pénal sech staark un dee belschen uleent. An och do gëtt et allgemeng Reegelen an och an Däitschland gesäit dat däitscht Strafgesetzbuch keng extra Infraktiounen vir.

Ech wéilt awer an deem Kontext op eng Dispositioun a Frankräich opmierksam maachen, déi mer an deene leschten Deeg ëmmer erëm opgefall ass a fir déi ech mech och interesséieren au vu vun deem, wat mer an deene leschte Wochen hei gesinn hunn, sief et, dass Adresse vu Journaliste verëffentlecht gi sinn, dass Telefonsnummere vu Journaliste verëffentlecht gi sinn, dass awer och d'Adress vum Premierminister verëffentlecht gëtt oder vun anere Ministeren aus der Regierung, mam extrae But, fir sech kënnen un déi Leit op eng net agreabel Aart a Weis ze adresséieren.

Do gëtt et en Artikel am franséische Code, deen ech méi genau ënnert d'Lupp wëll huelen an der nächster Zäit. Dat ass den Artikel 223-1-1 vum Code pénal an dee bestrooft all Revelatioun, Diffusioun an Transmissioun vun Informatiounen iwwert enger Persoun hiert Privatliwien, Familjeliewen oder professionell Liwien, déi et erlaben, dës Persoun ze identifizéieren oder ze lokaliséieren an domat d'Persoun oder hir Familljememberen enger Gefor auszusetzen. An am Kader vun dëser Infraktioun sinn d'Journalisten a Frankräich spezifesch ernimmt. Wann e Journalist beträff ass vun esou enger Gefor, dann applizéiert sech eng Circonstance aggravante a verschäerft d'potenziell Strof op fënnf Joer Prisong a 75.000 Euro Strofgeld.

An ech soen Iech dat net just, well ech driwwer nodenken, esou en Dispositif och an eisem Recht virzegesinn, mee och well et ënnersträicht, dass dat net anodin ass, wann een dat mécht! Dat heescht, wann ee ganz bewusst verëffentlecht, wou verschidde Persounen wunnen oder Informatiounen verëffentlecht, wéi ee verschidde Persounen kann erreichen, déi am éffentleche Liewe stinn, dann ass dat alles aneschtens wéi harmlos an da muss ee sech och de Kriticken, op d'mannst soulaang et keen Dispositif pénal ass, aussetzen a kucken, ob dat wirklech opportun ass, esou virzegoen.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Justizministesch. D'Parole après ministre ass fir den Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech hu virun dem Premier gutt nogelauschert. Wéi e gesot huet, ass all Ugrëff op ons professionell Journalistinnen a Journalisten en Ugrëff op ons Demokratie an op ons Wäerter. Ech ginn him absolutt Recht dobäi. Ech wollt e just froen, ob et dann normal ass, wann e fréiere Minister vu senger Regierung op der

Antenn iwwer journalistesch Aarbecht zum Thema Luxleaks seet - ech zitieren -: „Dat war warscheinlech déi gréissten - ënner Guillemets - „Attack“ géint Lëtzebuerg zanter dem Zweete Weltkrich“, ob esou Vergläicher a Journalistinnen a Journaliste mat dem Attaquant aus dem Zweete Weltkrich gläichzesetzen, net och eng Attack duerstellt.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. An d'Wuert geet un de Premierminister.

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Ech mengen, den Här Gramegna ... D'Comparaison ass net opportun gewiescht. Den Här Gramegna steet och dozou. Wann een dem Här Gramegna seng Originellen a seng Wäerter, fir déi hie steet, kennt, ass dat elo aus dem Kontext gerappt, wann een op eng Kéier mengt, dass en do e Verglach mécht mam Naziregimm. Dat, wat ass: Et war och eng schwéier Zäit fir onse Standuert Lëtzebuerg. Mee de Verglach mam Zweete Weltkrich war net opportun. An ech sinn iwwerzeegt, dass den Här Gramegna dat och, wann en elo d'Méiglechkeet hätt, géif relativéieren, well ech weess ganz genau, fir wéi eng Wäerter den Här Gramegna steet. An da si bestëmmt net déi, fir e Journalist mat iergendengem Naziregimm wëllen ze vergläichen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Premierminister.

**Résolution 1**

Mir kënnen dës Punkt awer net ofschléissen, ouni nach zur Resolutioun ze kommen. Ech froen: Kënne mer dës Resolutioun par main levée ofstëmmen?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech wéilt nach eppes soen, Här President.

**M. Fernand Etgen**, Président | Jo, den Här Kartheiser wëllt nach zur Resolutioun d'Wuert ergräifen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech wollt Merci soe fir d'Resolutioun. Ech wollt awer nach eppes soen an der Formulierung. Also et ass jo awer esou, dass hei och ugespillt gëtt, an et ass e puermol drop ugespillt ginn, dass eeben eng Telefonsnummer vun engem Journalist ... A mir wëssen et, well dee betreffende Deputéierten dat erkläert huet, dass dat par inadver-tance geschitt ass.

*(Brouhaha)*

Nee, well den Numm stoung am Bréifpabeier vun deem betreffende Journalist. An et kann ee jo net wëssen, ob dat elo eng privat oder eng déngschtlech ass. Ech wollt just soen, wéi séier dat ka geschéien. Ech war op d'Websäit kucke vum Conseil de presse. Do stinn eng ganz Rei Journalisten, déi eng Telefonsnummer an eng Handysnummer uginne hunn, op enger éffentlech zougänglecher Websäit. Elo ass dat jo natierlech vergläichbar mat engem Bréifkapp vun engem Bréif, wou dann eng Zeitung dropsteet mat Donnéeën. Och hei gëtt et eeben och déi Handysnummern.

Ech gi jo dovun aus, wann déi hei éffentlech stinn op engem Bréif oder op enger Websäit, dass dat berufflech Nummere sinn an net Privatnummern. Dat heescht, ech wëll dat einfach emol soen, fir emol ze relativéieren an och d'Kollegen aus der Press drop opmierksam ze maachen, dass, wann een iergendwou op engem Bréifkapp oder op enger Websäit eng Handysnummer publizéiert, dass dann natierlech och benotzt gëtt. Ech wëll dat just soen, fir nach eng Kéier an de Kontext ze setzen, dass dat net eng Attack war, net e Versuch, Leit an eng schwierig Situatioun ze bréngen, ...



(Interruptions et brouhaha)

... mee eng Konsequenz vun engem vläicht e bësse liichtsënnege Ämngang mat Handysnummere. Ech mengen, dat muss een och gesinn: Wann ee wëll eng Nummer protegieren, da soll ee se net an e Brëf-kapp setzen an et soll ee se net publizieren.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da wëllt nach den Här Sven Clement d'Wuert zur Resolutioun froen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, merci. No där doter Märcheminutt muss ech da soen, dass et awer e groussen Ënnerschied gëtt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zwëschen enger Informatioun, déi op enger Websäit am „one to many“ publizéiert gëtt, an enger Signature vun enger E-Mail, déi am „one to one“, also wierklech un eng spezifesch Persoun, adresséiert gëtt.

Ech weess, dass et heibannen eng Rëtsch Leit gëtt, déi an hiren E-Mail-Signatur stoen hunn, dass déi Mail just fir den Destinataire bestëmmt ass an net fir ze deelen. Ech mengen, et gëtt och esou eppes, dass een u sech E-Mail-Kommunikatiounen, Chat-Kommunikatiounen generell net einfach sollt mam groussen Public deelen. Et soll een d'Vertraulichkeet vu private Kommunikatiounen respektieren. An eng E-Mail ass nun emol eng privat Kommunikatioun! Wien dat net versteet, deen huet, mengen ech, net wierklech opgepasst, wéi et ëm Kommunikatioun goug.

Ech war e bëssen erstaunt, muss ech éierlech soen, wéi ech virdru matkritt hunn, dass och d'ADR déi heite Resolutioun ënnerschriwwen huet. Well mir wësse jo awer, wat deen Deputéierte gemaach huet, dee leider net do ass. Mee soss kéint e jo selwer Stellung huelen.

(Brouhaha)

Fir mech ass ganz kloer: Esou eppes geet net an esou eppes muss mer ganz ferm condamnieren. An déi Excuse, déi hei ëmmer erëm evoquéiert gëtt, déi war fir mäi Goût e bësse schwaach. Mir wäerten dat heiten op alle Fall matstëmmen, well esou eppes geet net!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement. An da kritt den Här Guy Arendt d'Wuert.

**M. Guy Arendt** (DP) | Merci, Här President. Ech mengen, no den Explikatiounen vum Sven Clement an no verschiddenen aneren Explikatiounen géif ech proposieren, dass mer awer par Vote électronique fueren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Arendt. De Vote électronique ass gefrot.

**Vote sur la résolution 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration.

An hei widderhuelen ech dat, wat ech gëschter gesot hunn: Wann ee wëllt mat ofstëmmen, da muss ee sech fir d'éischt aloggen. Huet ee sech net ageloggt, da kann een net ofstëmmen an da kréie mer am Fong geholl net dat, wat mer gären hätten, ...

(Hilarité)

... dass jiddereen un der Ofstëmmung kann deelhuele. Dat kann een net dacks genuch widderhuelen an et sinn nach ëmmer Leit, déi dat bis elo nach ëmmer net verstanen hunn. An da gëtt ganz oft awer gesot, dat géif un der Technik leien. Nee, et läit net un der Technik! Et läit dorunner, dass d'Leit sech net alleguer ageloggt hunn.

Ech mengen, dat ass mer wichteg, fir dat emol eng Kéier gesot ze hunn, dass d'Administratioun net d'Schold duerfir kritt.

De Vott ass ofgeschloss.

Dës Resolutioun ass eestëmme mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy (par Mme Chantal Gary), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par M. Marc Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Här President, ech wollt just soen, dass ech en nom personnel ofgestëmmt hunn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Très bien, Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Ech huele mer dat wierklech ganz zu Häerz.

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun dëser Woch, dem Projet de loi ...

**Plusieurs voix** | Nee!

(Brouhaha)

**Plusieurs voix** | D'Motioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | A! Fir d'éischt d'Motioun nach, jo. Elo hat ech déi vergiess.

### 3. Motion de M. Léon Gloden relative au code de déontologie des membres du Gouvernement et des hauts fonctionnaires

*(Motion déposée en séance publique n° 20 du 9 décembre 2021 - à consulter au compte rendu n° 7/2021-2022 en page 286)*

Als nächste Punkt um Ordre du jour kennt d'Motioun vum Här Léon Gloden iwwert de Verhalenskodex vun der Regierungsmemberen a vun den héije Beamten. An ech géif dem Auteur vun der Motioun, dem Här Léon Gloden, d'Wuert ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Exposé**

**M. Léon Gloden** (CSV), auteur | Merci, Här President. Net wéi haut de Moien um RTL ugekënnegt, ass et

eng Motioun iwwert de Lobbyregëster, deen d'Chamber sech soll ginn, mee et ass eng Motioun iwwert de Lobbyregëster, deen d'Regierung sech soll ginn.

Ech hat den 9. Dezember eng Motioun hei erabuecht an d'Chamber, an där ech d'Regierung gefrot hunn - opgrond vum Rapport GRECO vum 6. November 2020, an deem se am Fong och dozou opgefuert gi war -, sech e Lobbyregëster ze ginn, dat heescht, dass déi Leit, déi mat der Regierung schwätzen, iergendwou opgefouert solle ginn, sech esou e Regëster ze ginn.

Bis de leschten Dezember war näischt geschitt. Wéi ech hei d'Motioun virbuecht hunn, huet de Staatsminister gefrot, ob ech bereet wier, se net zur Ofstëmmung kommen ze loossen, an der Perspektiv, dass e géif drop zrëckkommen, si wieren amgaang drun ze schaffen. Ech war dunn esou fein, ech war domadder averstanen. Duerfir muss den Här Staatsminister haut faarf bekennen.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Gären.

**M. Léon Gloden** (CSV), auteur | Als zweete Punkt profitieren ech och dovun, déi Diskussioun, déi war, wéi den Här Étienne Schneider aus der Regierung gaangen ass, wou deen Avis vum Eethikrot komm ass, fir ze soen, dass si net kënne kontrolléieren ... An dobäi soen ech wierklech net, dass dat geschitt ass, mee einfach, dass si objektiv net kënne kontrolléieren, wat fir Informatiounen een, deen aus der Regierung sortant ass an an d'Berufswelt antrëtt, do mathëlt oder net.

An do ass nach eng Kéier déi Fro vun der Karenzzeit vun zwee Joer gestallt gi vum Eethikrot, e Punkt, dee jo och scho vum GRECO an diverse Rapporten opgefouert ginn ass. Ech wier frou, wann de Staatsminister och kéint dorop eng Äntwert ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Gloden.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Wie wëllt d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Et huet sech ageschriwwen: den Här Kartheiser.

**Discussion générale**

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, ech soen dem Här Gloden villmools Merci, dass mer hei nach eng Kéier kënnen dorobber zrëckkommen. Ech wëllt och kuerz nach iwwert de Code de déontologie vun der Regierung schwätzen.

### 4. Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser

**Exposé**

D'Regierung huet jo deen Eethikrot do, dee Comité d'éthique, fir ze kontrolléieren, ob dann déi Reegelen agehale ginn. Et ass awer d'Regierung selwer, déi deen Eethikrot do nennt. A mir denken als ADR, dass mer jo als Chamber u sech do sinn, fir d'Regierung ze kontrolléieren.

An als éischte Schrëtt wollt mer dann och emol eng Motioun hei proposieren, an där mer dat zur Kenntnis huelen an awer proposieren, dass d'Chamber an d'Ernennung vun de Membere vum Comité d'éthique soll matagebonne ginn, dass muss gekuckt ginn, dass déi Membere politesch neutral sinn, an dass och all Avis vum Comité d'éthique an Zukunft muss publizéiert ginn, déi positiv an déi negativ.

Ech mengen, dann hätte mer och e Schrëtt gemaach an eng méi grouss Transparenz a wierklech e Schrëtt



an eng e bësse méi kredibel Kontroll vun dem Anhale vun den Deontologiereegele vun de Membere vun der Regierung. An deem Sënn wëllt ech Iech déi Motioun hei iwwerreechen.

Villmools merci.

### Motion

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

- d'Lëtzebuerger Regierung 2018 een Aarbechtsgrupp agesat hat, dee sech mat der Ëmsetzung vun 21 Recommendationen vum Groupe d'États contre la corruption (GRECO) beschäftege sollt;

- zu dësem Aarbechtsgrupp och Memberen aus dem Staatsministère gehéiert hunn, déi domat beoptraagt goufen, en „avant-projet de Code de déontologie applicable aux membres du Gouvernement et aux hauts fonctionnaires“ auszuschaffen;

- 2019 zwee Texter virulouchen: en neien Deontologieskodex fir d'Regierungsmemberen an en anere fir déi héich Regierungsbeamten;

- dës zwee Dokumenter den 20. Dezember 2019 vum Regierungsrat approvüert an dunn un de GRECO geschéckt goufen, deen dës Texter evaluéiere sollt;

- an dësem neien Deontologieskodex net virgesinn ass, d'Modalitéiten am Zesummenhank mat der Ernennung an der Zesummesetzung vum Comité d'éthique ze änneren;

- déi dräi Membere vum Comité d'éthique och weiderhi vun der Regierung ernannt ginn an domat der Kontroll vum Parlament entzu sinn,

*ass sech bewusst, datt*

- beim Ausschaffe vum zukünftegen Deontologieskodex keng Efforten ënnerholl goufen, fir den Androck ze verwëschen, d'Regierung wier just un enger Kontrollinstanz interesséiert, déi si selwer kontrolléiere kann,

*fuerdert d'Regierung op sécherzestellen, datt an Zukunft*

- d'Chamber an d'Ernennung vun de Membere vum Comité d'éthique matagebonne gëtt;

- d'Membere vum Comité d'éthique politesch neutral sinn;

- de Comité d'éthique vun all Deputéierten ugeruff ka ginn an datt all Avis vum Comité d'éthique, an net nëmmen déi negativ (Arrêté grand-ducal du 14 novembre 2014 fixant les règles déontologiques des membres du Gouvernement et leurs devoirs et droits dans l'exercice de la fonction. Texte coordonné au 18 janvier 2018 : « L'avis du comité d'éthique peut être rendu public par le Gouvernement. Si le comité d'éthique constate un manquement à l'arrêté grand-ducal, son avis sera obligatoirement rendu public par le Gouvernement. »), publizéiert muss ginn.

(s.) Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser.**

## 5. Motion de M. Léon Gloden relative au code de déontologie des membres du Gouvernement et des hauts fonctionnaires (suite)

Dann huet d'Madamm Cecchetti ... nee, d'Madamm Oberweis d'Wuert gefrot.

### Discussion générale (suite)

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Nee, ech hunn et gefrot. Si kënnt wéinst enger anerer Saach dohinner.

Also dës Motioun freet jo elo just d'Regierung, endlech dee Code de déontologie, dee se jo ausgeschafft huet an am Tirang leien huet, zum Vott kommen ze loossen an ze applizéieren, well dee Code

gesäit jo dann dee Lobbyregëster esou vir, wéi de GRECO dat jo och recommandéiert.

D'Chamber hat jo och dës Recommendationen vum GRECO ugehall fir hire Lobbyregëster, dofir ass et evident, datt mir dat dote wäerte matstëmmen, wéi mir dat och schonn am Dezember gesot haten. Et ass dee richtige Schratt a Richtung Transparenz. An dat ass an engem Land wéi deem heiten, dat esou kleng ass, wou jo awer vill privat Boitten an Interessengruppen alt emol e Gesetz proposéieren oder mat wëlle schreiwen oder kënne schreiwen, absolutt kruzial fir ze wëssen, vu wou et kënnt.

Voilà, merci.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti.** An dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Eis war a bleift déi Motioun hei ganz sympathesch. Ech mengen, datt et och an der Vergaangenheet jo esou war, datt jee weils och Intervenante vu baussen u Gesetzter matgeschriwwen hunn, wat an engem klengen Land net ausbleiwe kann. Et soll ee jo och all Expertewëssen huelen, dat een huele kann. Mee et ass onbedéngt wichteg, datt déi Kontakter dann awer oppegeluecht ginn. An ech mengen, d'Chamber huet deen éischte Schrëtt gemaach, dat oppenzeleeën.

Ech mengen, datt eng Rëtsch Fraktiounen heibanne jo och gesot hunn, datt se e Schrëtt méi wäit ginn, wéi d'Chamber dat an hirem Reglement geschriwwen huet. An elo ass et un der Regierung, dat ze maachen. An ech mengen, duerfir sollt d'Chamber dann haut e staarkt Signal ginn.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.**

Da ginn ech dem Här Premierminister Xavier Bettel d'Wuert.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | Merci, Här President.** Jo, deemools ass gefrot ginn, ob een do nach kéint e bësse waarden, well d'Regierung et jo och wëll maachen.

Ech wëll just drun erënneren, dass bei der éischter Legislaturperiod och deen éischte Code komm ass. Ech sinn och frou, dass haut en CSV-Deputéierte freet, fir dass d'Regierungsmembere méi streng Reegele sollen hunn, well virdrun ass et déi net ginn. An ech si frou, dass ënnert der éischter Legislaturperiod no 2013 esou Reegele komm sinn, bei deene scho Limitatiounen och komm sinn iwwer Kaddoen, iwwer wat ee kann, wat een net kann, iwwer d'Benotze vun Autoen et cetera, wat virdrun net de Fall war. An ech si frou, dass déi viregt Regierung dat och gemaach huet.

Mir wëllen am Mäerz mat engem Code kommen, deen och mam GRECO kompatibel ass, an duerfir hu mir guer kee Problem, Här President, dass dës Motioun och soll gestëmmt ginn. Mir géifen dat och ënnerstëtzen, well et rennt am Fong oppen Dieren an, well d'Aarbecht ass nach amgaang gemaach ze ginn. A mir hoffen, dass ech am Februar fäerdeg ka sinn, fir dass ech ufangs Mäerz och dem Regierungsrat kann eng Propos soumettéieren.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Premierminister.** Ech mengen, da kënne mer zum Vott vun där Motioun kommen.

### Vote sur la motion

D'Ofstëmme fänkt un. An da komme mer zum Vote par procuration. Et feelt nach een. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugehall.

*Résultat définitif après redressement : la motion est adoptée à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Charles Margue), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par M. Marc Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## 6. 7425 - Projet de loi sur les armes et munitions et portant : 1° transposition de la directive (UE) 2021/555 du Parlement européen et du Conseil du 24 mars 2021 relative au contrôle de l'acquisition et de la détention d'armes ; 2° modification du Code pénal ; 3° abrogation de la loi du 20 avril 1881 concernant le transport et le commerce des matières explosives

## 7428 - Projet de loi portant approbation du Protocole contre la fabrication et le trafic illicites d'armes à feu, de leurs pièces, éléments et munitions, additionnel à la Convention des Nations Unies contre la criminalité transnationale organisée, fait à New York, le 31 mai 2001

Da kënne mer elo awer zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun dëser Woch kommen: dem Projet de loi 7425 an dem Projet de loi 7428 iwwert de Kaf an d'Besëtze souwéi d'illegal Fabrikatioun vu Waffen an den illegalen Handel domadder. Déi zwee Projete ginn an enger gemeinsamer Diskussioun behandelt. D'gemeinsam Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Josée Lorsché, déi eis am Numm vun der Rapportrice vun dësem Projet de loi, der Madamm Stéphanie Empain, elo de Rapport virstellt. Madamm Josée Lorsché, Dir hutt d'Wuert. Schéisst lass!

(Hilarité)

### Rapport de la Commission de la Justice sur le projet de loi 7425

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng), en remplacement de Mme Stéphanie Empain (déi gréng), rapportrice | Villmools merci, Här President. Ech spillen dann haut Rapportrice faisant fonction, vu dass eis Kolleegin



Stéphanie Empain covidbedéngt d'Plenièrre doheem verfolge muss. Ech selwer sinn net déi gréisst Spezialistin vu Waffen, wäert awer elo mäi Beschtaachen, fir Iech de Rapport virzustellen, wuel wëssend, dass ech och net Member an der Kommissioun sinn an elo ganz séier hu missen hei an d'Matière erakommen.

Fir d'éischt wéilt ech am Ufank soen, dass ech am Numm vum Stéphanie Empain dann, wéi gesot, zwee Rapporten vun zwee verschiddene Projets de loi wäert hannerenee virstellen. Déi zwee Projeten hänken enk mateneen zesammen, soudass d'Kommissioun sech eens ginn ass, déi zwee Rapporten mateneen ze diskutieren, fir se herno awer separat ofzestëmmen, sou wéi dat sech dann och géhéiert.

Loosst mech ufänke mam Projet de loi 7425, also deem Gesetz, dat eist aktuellt Waffengesetz aus dem Joer 1983 ersetze wäert. Et handelt sech heibäi ëm e ganz wichtege Gesetzesprojet, un deem ganz vill geschafft ginn ass - dat wëssen d'Membere vun der Kommissioun -, dee relativ technesch ass, bei deem d'Kommissioun vill Allez-retoure mam Staatsrot hat a bei deem natierlech och eng ganz Rëtsch Avisen erakoumen. Jiddwerfalls iwwerdreiwen ech net, wann ech soen, dass dëse Projet d'Kommissioun iwwer laang Stonnen ewech beschäftegt huet.

Ech wäert also versichen, déi grouss Linne vun den Diskussiounen an dësem mëndleche Rapport erauszeshielen, quitte dass et hei net méiglech ass, op all Detailler anzegoen an deem technesche Projet.

D'Basis vun dësem Projet de loi ass eng EU-Direktiv, déi mer heimat ëmsetzen, an zwar d'Direktiv 2021/555. Dobäi muss ee jo soen, dass mir Retard bei der Ëmsetzung vun der Direktiv hunn an d'Justizkommissioun deemno an eng gewëssen Urgence, an e gewëssene Stress geroden ass, fir den Text an d'Plenièrre ze kréien.

Dës EU-Direktiv koom net aus dem Näischt. Si ass zustane komm no den Attentater a Frankräich, notament no deem vum Charlie Hebdo am Januar 2015 an deem am Bataclan am November 2015. De Schreck sëtzt ville Mënschen nach haut an de Glidder an de Misär war ganz grouss. Dir wësst et alleguer.

Domat steet d'Direktiv och fir d'Nécessitéit, eist Gemeinschaftsrecht unzepassen, fir géint den abusive Gebrauch vu Waffe virzegoen an ze verhënnern, dass Waffan a kriminell Circuite geroden. D'Direktiv leet Minimalnorme fest, déi d'Acquisitioun an de Besëtzer vu Feierwaffen duerch Privatpersounen betreffen. Dobäi geet et drëms, de gesamte Liewenszyklus vun esou Waffan ofzedecken an hir Weeër lückenlos kënnen ze retraceieren, vun der Fabrikatioun, dem Handel mat Waffan, dem Kaf oder dem Verkaf, der Detentioun, dann der Neutralisatioun oder awer der Zerstéierung vu Waffan.

Schonn op EU-Niveau waren d'Diskussiounen net einfach, ma fir Lëtzebuerg, ënnert dem deemolege Lead vum Félix Braz, war bei deene Verhandlungen vun Ufank u kloer, dass Lëtzebuerg sech géif fir méi eng streng Linn asetzen, fir dass dës Direktiv esou konsequent wéi méiglech ënnert d'Zeeche vun der maximaler Sécherheet géif gestallt ginn.

Nieft dem Ëmsetze vun der Direktiv geet et bei dësem Gesetz awer dann och drëms, eng Partie Elementer aus der administrativer Praxis, wéi se sech am Laf vun de leschte bal 40 Joer hei zu Lëtzebuerg etabléiert hunn, an d'Gesetz anzeschreiwen, well dës iwwer all déi Joren hir Preuvë gemaach hunn.

Eng ganz Partie Ziler sollten dann och mat dësem Gesetz erreecht ginn, ënner anerem eng besser Definitioun a Klassifikatioun vun de Waffan, de Verbuet

vun enger Rei vun hallefautomatesche Waffan, déi als besonnesch geféierlech agestuift ginn, d'Afféiere vun der Neutralisatioun vu Waffan, d'Fuerderung vun enger Attestation médicale a méi e séchere Stockage vun de Waffan.

Heizou wéilt ech nach preziséieren, dass sech bewosst dergéint entscheet ginn ass, dat aktuellt Gesetz aus dem Joer 1983 ze amendéieren, well et duerno net méi lieserlech gewiescht wär. Duerfir ass aus Grënn vu Vereinfachung decidéiert ginn, e ganz neie Gesetzesprojet auszeschaffen. Dat gëtt et jo méi oft.

Dës ass dann am März 2019 vum deemolege Justizminister Félix Braz deposéiert ginn. A vun Ufank un ass dee Projet dann och vu ville Säite kritisches begleet ginn, sief dat vun den Armurieren, de Collectiounneuren, de Jeeër, de Sportschützen an doriwwer eraus och vun einfache Besëtzer vu Waffan.

Generell waren déi genannt Interessensgruppen a priori ëmmer mat der allgemenger Zilsetzung vum Projet de loi averstanen. Si hunn och net a Fro gestallt, dass eist aktuellt Gesetz misst preziséiert gi respektiv noreglementéiert ginn, zum Beispill um Niveau vum Stockage, dem Zougang zum Waffeschäin oder vum Gebrauch vu Waffan ënner Alkoholafluss.

Vu dass all Interessensgrupp ënnerschiedlech duerch de Projet de loi impaktéiert gëtt, gouf et awer eng Rei Retenzen ganz ënnerschiedlecher Natur, déi eis och matgedeelt gi sinn an der Chamber an notament an der Kommissioun, esou zum Beispill d'Wäertreduzéierung vu Kollektiounswaffe bei der ugeduechter Neutraliséierung vun de Waffan, déi technesch Ufuerderungen un d'Armurieren, wat de Stockage ubelaangt, den Transport vun de Waffan, e Punkt, dee virun allem vun de Jeeër a Sportschützen opgegraff ginn ass.

De Staatsrot fir säin Deel huet dëse Projet de loi mat senge verschiddenen Avisen a villen Oppositionen formelles maassgeeblich beaflosst. Haut kann een duerchaus soen, dass de Projet de loi, esou wéi en haut zum Vott virläit, op enger Rei Punkte manner contraignant Dispositiounen virgesäit wéi bei sengem Depot.

Dir Dammen an Dir Hären, wat seet de Projet de loi dann elo schlussendlech? A wat ass am Endeffekt zréckbehalte ginn?

Ech géif op eng Selektioun vun Dispositiounen agoen, déi am Liicht vun den Diskussiounen an der Kommissioun wuel déi gréisst Opmierksamkeet op sech gezunn hunn. Den Text liwwert als Alleréischte eng Serie vun Definitiounen vun de verschiddene Waffan an der Munition a gëtt eng nei Klasséierung a Kategorie vir, d'Kategorie A: verbuede Waffan, d'Kategorie B: Waffan, fir déi een eng Autorisatioun ka kréien, an eng nei Kategorie C, dat sinn dann neutraliséiert Waffan. Hei handelt et sech ëm eng Refonte totale vun de Kategorie par rapport zu der aktueller Gesetzgebung, woumat och der technescher Entwécklung vun de Waffan am Laf vun de leschte 40 Joer Rechnung gedroe gëtt.

En anere Punkt, dee vill diskutéiert ginn ass, ass dee vum Artikel 6, an deem ursprénglech virgesi war, dass verschidde Waffan aus der Kategorie A nëmmen da kéinten Deel vun enger Kollektioun sinn oder bleiwen, wa se neutraliséiert ginn oder a Waffe vun der Kategorie B transforméiert ginn.

Dës Dispositioun ass effektiv iwwert dat erausgaangen, wat d'Direktiv minimal gefuerdert huet. Well de Staatsrot seng Opposition formelle heizou awer net konnt ophiewen, ass schlussendlech vun där Iddi ofgesi ginn, soudass dës Dispositioun net méi am aktuellen Text enthalen ass. Dës Kollektiounswaffe

kënnen also weider an hirem Originalzoustand bestoe bleiwen.

Den Transport vun de Waffe gëtt am Artikel 13 gereegelt. Hei ass d'Zil ze verhënnern, dass et während dem Transport vu Waffan zu engem Incident ka kommen, respektiv ze verhënnern, dass et zum Vol vu Waffan an hirer Munition ka kommen. Duerfir gëtt am Text festgehalen, dass Folgendes muss assuréiert ginn, wann eng Waff transportéiert gëtt: D'Waff däreft net geluede sinn. D'Waff an d'Munition mussen esou agepaakt sinn, dass net vu bausse schonn erkennbar ass, ëm wat et sech handelt. Si dierf net prett si fir ze schiessen, dat andeems eppes drop montéiert gëtt, wat se schossonfäeg mécht, oder doduerch, dass se net zesummegebaut ass. An den Transport muss dann och iwwert de kierzte Wee erfollegen.

Am Artikel 14 geet et dann ëm de Contrôle de dangerosité. Hei geet et drëms sécherzestellen, dass eng Persoun, déi en Agreement oder e Permis ufreet, keng Gefor fir sech oder fir anerer duerstellt. Heifir ass et néideg, op d'Antecedente vun där Persoun kënnen zréckzegräifen. An deem Kontext gouf et eng Partie Iwwerleeungen an der Kommissioun, wéi eng Donnéeën do kënnen ofgefrot ginn. Sinn et just déi, déi am Casier stinn oder och déi, déi an de Procès-verbaux oder anere Policerrapporten ze fanne sinn? A wéi steet et mat eventuellen Enquêtes, déi en cours sinn?

Dir Dammen an Dir Hären, den Text hält schlussendlech fest, dass d'Faite kënnen gekuckt ginn, déi entweder zu enger Condamnatioun gefouert hunn oder déi zu engem Procès-verbal oder engem Policerrapport gefouert hunn. Dës Informatiounen kënnen bis zu fënnf Joer virun der Demande zréckkleien. Dës Informatiounen mussen dann och spëtstens sechs Méint, nodeems eng Entscheedung zur Demande geholl ginn ass, vum Ministère zerstéiert ginn. Falls Enquêtes préliminaires en cours sinn, kënnen d'Demandé fir e Waffeschäin oder d'Autorisatioun och en suspens gehale ginn.

Den Text mécht dann och eng kloer Referenz op d'Santé mentale vum Requerant. Esou muss an Zukunft och all Demande fir e Permis vun enger Attestation médicale begleet ginn. Eng nei Attestation médicale gëtt all Kéier néideg, wann e Permis erneiert gëtt. Am Artikel 15 gëtt de Fichier kloer definéiert, deem am Ministère de la Justice gefouert gëtt an deem d'Lescht vun de Waffan an hire Besëtzer kloer repertoriéiert.

Donieft gesäit d'Gesetz och nei Mesurë vir, déi et dem Minister erlaube sollen, schnell ze agéieren, wann en Zweifel besteet oder nei Elementer opkommen, déi drop hiweisen, dass eng Persoun eng Gefor fir sech oder fir anerer kéint duerstellen.

De System, deem agefouert gëtt, gesäit am Artikel 26 duerfir eng temporaire Suspensioun vun der Autorisatioun vir, wat bedeit, dass déi betraffe Persoun hir Waff oder hir Waffan an hir Munition temporaire muss ofginn.

Ech kommen dann zu den Artikelen 17 an 19. D'Artikelen 17 an 19 gesinn d'Konditiounen vir, déi fir den Agreement vun den Armurieren, hiren Ugestallten an eventuelle Stagiairen erfüllt mussen ginn. D'Armuriere sinn dann och gehalen, e Wafferegëster ze féieren, deem op Demande muss kënnen virgeluecht ginn.

De Stockage vu Waffan an hirer Munition souwuel am Private wéi och bei den Armurieren ass gläichzäiteg kloer gereegelt. Weiderhi ginn och all Zorte vun Transferte gereegelt: tëscht Armurieren, Transferten an aner EU-Memberstaaten, Transferten op Lëtzebuerg, Transferten an Drëttlänner an temporaire Exportatiounen. Déi penal Dispositiounen ginn ugepasst.



An zu gudder Lescht ass festgehalé ginn, dass et verbueden ass, eng Waff ënnert ze héijem Alkoholafloss ze droen, ze transportéieren oder ze manipuléieren. Hei gëllen déi selwecht Tauxe wéi déi, déi am Code de la route gëllen. Dat selwecht gëllt dann och fir d'Manipuléiere vun enger Waff ënnert dem Afloss vun Drogen oder verschiddene Medikamenter.

Ech kommen zu den Avisen. Dat sinn der net grad weineg. Ech hat et schonn ugedeit: Et koume ganz vill Avisen eran an dowéinst wéilt ech natierlech am Numm vum Stéphanie Empain d'Geleeënheet notzen, fir jiddwerengem Merci ze soen, deen dëse Projet de loi mat engem Avis begleet huet.

E groussen Deel vun den Avisen ass och schlussendlech an déi virleiend Version vum Text agefloss. Et ass elo net méiglech, wéi gesot, am Detail drop anzugeen, duerfir versichen ech, Iech méi en allgemengen Iwwerbléck ze ginn. Fir d'Detailer vun deenen Avisa verweisen ech dann op de schrëftleche Rapport vum Stéphanie Empain.

Nieft den Avisa vum Staatsrot koumen zousätzlech Avisa vun de sougenannten traditionelle Partner eran: vun der Chambre de Commerce, den Autorités judiciaires, der Chambre des Métiers, der CNPD an der Chambre des Salariés.

Dass de Projet och säitens der Zivillgesellschaft an de sëllege Federatioun ganz kritesch begleet ginn ass, gesäit een och un deene verschiddene Bréiwer an Avisa vu verschiddenen Associatiounen, déi sech selwer saiséiert hunn an der Chamber hir Iwwerleeungen zoukemme gelooss hunn. Ouni an den Detail anzugeen, wéilt ech se awer kuerz opzielen. Dat war d'Fédération luxembourgeoise des arts martiaux, et war Firearms United, et war d'Association luxembourgeoise des armuriers et négociants d'armes, d'Associatioun vun de Collectionneuren, et war d'FLTAS, d'Federatioun vun de Sportsschützen an d'Société de tir aux armes sportives vun Hesper.

D'Chambre de Commerce huet sech an hirem Avis virun allem op den Impakt vum Projet de loi op d'Armuriere konzentriert. D'Chambre des Métiers huet hirersäits zousätzlech och de Volet vun der Neutralisatioun opgeworf an d'Autorité-judiciaire hu sech méi speziell mat der Applikabilitéit vum Gesetz befaasst a sech ëm d'Visibilitéit vum Text gesuergt.

Donieft hunn d'Justizautoritéiten och d'Fro opgeworf, ob net nieft der neier Infraktioun am Fall vun der Manipulatioun vun enger Waff ënner Alkoholafloss och e Parallelismus fir d'Manipulatioun vu Waffen ënner Drogen- oder Medikamenterafloss kéint geschaf ginn. Dat ass jo dann och gemaach ginn.

D'CNPD huet sech an dräi Avisen op de Volet vum Dateschutz konzentriert an ënner anerem och op de spezifesche Volet vun den Donnéeën, déi am Kader vun der Enquête administrative gesammelt ginn. Dës Enquête gëtt säitens dem Ministère gemaach, ier e Waffeschäin ausgestallt gëtt.

D'Avisa vum Conseil d'État hunn d'Ennversion vum dësem Projet de loi maassgeblech beaflosst. Ech hunn et scho gesot, dowéinst just déi wichtegst Punkten awer och dozou: Bis zu der virleiender Versioun huet et laang gedauert, virun allem, well den initiale Projet de loi zu engem laangen Hin an Hier tëscht der Chamber an dem Staatsrot gefouert huet. Eréischt am drëtten Avis complémentaire konnten déi lescht Opposition-formellen opgehewe ginn.

Hei ass et zum Beispill ëm déi Doleance gaangen, déi ech scho kuerz ugerass hat, nämlech déi vum Wäertverloscht vu Kollektiounsgéigestänn oder ganze Kollektiounen. Wa verschidde Kollektiounswaffen hätte missten neutraliséiert ginn, wär dat natierlech e

Problem fir d'Besëtzer gewiescht. Dës Iddi huet schlussendlech keen Erfolleg gehat, si ass fale gelooss ginn, well keng Léisung konnt fonnt ginn, déi et dem Staatsrot erméiglecht hätt, seng Opposition formelle opzehiewen.

Ausserdeem gouf et Oppositions formelles bei den Dispositiounen zum Agreement vun den Armurieren oder och nach zu den Dispositiounen, déi d'Juegd betraff hunn. Dozou kommen ënner anerem och nach Observatiounen an Oppositionen zu der Protektioun vun den Donnéeën, déi am Kader vun den Autorisatiounsprozeduren néideg sinn, wou jo op d'Antecedante vum Requant zréckgegraff muss ginn. Hei war et dem Staatsrot wichteg, dass an dësem Kader déi néideg Garantië fir de Requant bestinn, wat zum Beispill d'Protection des données ubelaangt oder och den Droit à l'oubli.

Dat nächst Kapitel, dat ech virstellen, sinn d'Aarbechten an der Kommissioun, duerno kommen ech da scho bal zum Schluss. Dëse Projet de loi ass den 19. Mäerz 2019 vum deemolege Justizminister Félix Braz deposéiert ginn. Den 8. Mee 2019 ass de Projet de loi eng éischte Kéier an der Kommissioun virgestallt ginn an den 22. Mee huet d'Justizkommissioun ugefaangen, de Projet de loi Artikel fir Artikel duerchzegoen, alles am Joer 2019. Dee selwechten Dag ass d'Stéphanie Empain als Rapportrice designéiert ginn.

Weider Sëtzunge si gebraucht ginn, fir de Projet de loi Artikel fir Artikel duerchzegoen. Den éischten Avis vum Staatsrot koom dunn den 12. Juli 2019. De 5. Mee 2020 ass deen Avis vum Conseil d'État analyséiert ginn an do huet dann d'Kommissioun och schonn Amendementer analyséiert. De 27. Mee sinn d'Amendementer op Konsens gestouss a sinn dann och un de Staatsrot weidergereecht ginn.

De Conseil d'État huet dann och nach en Avis complémentaire geliwwert, deen den 19. Dezember 2020 ukomm ass an deen d'Kommissioun nach eemol forcéiert huet, a sech ze goen. D'Aarbechten an der Kommissioun sinn dunn de 7. Juli 2021 weidergaangen, wéi deen Avis complémentaire weider analyséiert ginn ass.

(Mme Djuna Bernard prend la présidence.)

Den 13. Juli duerno sinn d'Amendementer dunn ugeholl ginn. Den 18. Oktober huet de Staatsrot säin zweeten Avis complémentaire ofginn, dee mer kuerz drop, de 27. Oktober, och an der Kommissioun analyséiert hunn. Et ass nawell e ganz detailléierte Rapport, deen d'Stéphanie hei verfaasst huet, virun allem, wat d'Datumer ueget. Gläichzäitig sinn dunn och weider Amendements parlementaires uegeholl ginn.

Duerno koom nach en drëtten Avis complémentaire vum Conseil d'État, op deen ech elo net weider aginn. Ech mengen, Dir kënnt alles am schrëftleche Rapport noliesen. Ech mengen, dat ass vläicht méi interessant, fir déi, déi sech wierklech déif domat beschäftege wëllen. Duerfir kéim ech dann elo zur Konklusioun, déi vläicht méi interessant ass wéi d'Datumen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et bleift als Konklusioun ze soen, dass mir mat dësem Projet de loi net just eng EU-Direktiv ëmsetzen, mee dass mir eis domadder och en neit a modernt Waffegesetz ginn. Et geet net drëms an et ass ni drëms gaangen, d'Waffebesëtzer ze penaliséieren oder se ze schikanéieren. Et war ëmmer iewescht Zil, e Maximum u Sécherheet eranzebréngen an alles derfir ze maachen, dass d'Waffen net an déi falsch Hänn geroden a vill Schued a Leed uriichten. Ech hu vu Charlie Hebdo a Bataclan geschwat.

Den Text, dee mer haut stëmmen, ass am Endeffekt no all den Amendementer, déi hu misse gemaach ginn, manner restriktiv wéi a senger initialer Versioun. Et ass

trotzdem e gudden, méi verständlechen Text, deen all Onsécherheeten aus dem Raum geholl huet an dee sengen initialen Zilsetzung wäitgeend gerecht gëtt.

Duerfir loosst mech och am Numm vum Stéphanie Empain nach eng Kéier jiddwerengem Merci soen, deen un dësem Projet de loi ganz konstruktiv matgeschafft huet, dann awer och natierlech dem Personal vun der Chamber mam Kommissiounssekretär, dem Här Li, an awer och eiser Mataarbechterin an der Fraktioun, déi ganz vill Aarbecht hei ze dinn hat.

Merci de Memberen aus der Kommissioun fir déi gutt Zesummenaarbecht. Dat wëll d'Stéphanie hei ënnersträichen an et wéilt och nach eng Kéier drop hiweisen, dass säitens der CSV eng Rëtsch Amendementer proposéiert gi waren, déi zu engem groussen Deel an d'Amendements parlementaires vun der Kommissioun agefloss sinn.

Ech wéilt duerfir och hei am Numm vun der Kommissioun an op eng Suggestioun vum Här Laurent Mosar hin eng gemeinsam Motioun deposéieren. Si fuerdert d'Regierung op, no dräi Joer, wéi esou oft, eng qualitativ Evaluatioun ze maache vun der Applikatioun vum Gesetz a jee nodeem Adaptatiounen virzehuelen, sollte se sech als néideg erweisen. D'Motioun ass ënnerschriwwen vun alle Fraktiounen a politesche Sensibilitäten.

### Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que la nouvelle loi relative aux armes et munitions ne transpose pas uniquement la directive (UE)2021/555, mais procède également à une refonte complète de la loi modifiée du 15 mars 1983 sur les armes et munitions en prévoyant des mesures nationales indépendantes de toute initiative européenne et issues de la pratique administrative ;*

- *estimant que les acteurs concernés par les nouvelles procédures pourraient être amenés à identifier des défis ou besoins, voire des adaptations en cours de route et non couverts par le texte de loi ;*

- *rappelant que la Commission de la Justice a exprimé le souhait d'évaluer les incidences/l'impact de la nouvelle loi, invite le Gouvernement*

- *à réaliser, trois ans après l'entrée en vigueur de la loi, une évaluation qualitative de sa mise en application.*

(s.) Josée Lorsché, Guy Arendt, Dan Biancalana, Marc Goergen, Fred Keup, Charles Margue, Laurent Mosar.

Domat wier den éischte Rapport ofgeschloss.

### Rapport de la Commission de la Justice sur le projet de loi 7428

Ech kommen dann zu deem anere Rapport, dee gëtt weesentlech méi kuerz. Ech mengen, do sidd Der net onglécklech driwwer.

(Hilarité)

Et ass de Projet de loi 7428. Heibäi handelt et sech eeben, wéi gesot, ëm en anere Projet de loi, wou et och ëm Waffe geet, an zwar geet et ëm d'Approbatoun vum „Protocole contre la fabrication et le trafic illicites d'armes à feu, de leurs pièces, éléments et munitions, additionnel à la Convention des Nations Unies contre la criminalité transnationale“, deen den 31. Mee 2001 zu New York ënnerschriwwen ginn ass.

Hei handelt et sech ëm e Projet de loi, deen aus engem Artikel besteet, engem Article unique, fir eeben dëse Protokoll ze approvüieren. Dëse Protokoll ass additiounell zur Konventioun vum November 2000 géint déi transnational organiséiert Kriminalitéit, allgemeng „Palermo-Konventioun“ genannt, op där e baséiert.



D'Palermo-Konvention ass per Gesetz bei eis den 18. Dezember 2007 approuvéiert ginn. Et handelt sech hei ëm en internationale Protokoll, deen och e Lien mam viregte Projet de loi huet, vu dass e puer Dispositionen aus dem Text, dee mer grad gestëmmt hunn oder stëmme wäerten, Elementer aus dësem Protokoll ëmsetzen.

Ëm wat geet et méi genee? Et geet drëms, d'Kooperation ënnert de Staaten ze promovéieren, ze facilitéieren an ze verstärken. D'Zil ass et, den onerlaabten Trafick an déi illicite Fabrikatioun vu Waffen ze bekämpfen. Domadder ass dëse Protokoll keen onwesentlecht Instrument am weltwäite Kampf géint den illegalen Handel mat Waffen.

Wa mer elo vun der Ëmsetzung vun dësem Protokoll schwätzen, dann ass et wichteg, wéi virdu ugedeit, nach eemol drop hanzeweisen, dass sech eng Partie vun deenen Dispositionen am viregte Projet de loi erëmfannen, notament déi, wou et ëm d'Transferen an aner an aus anere Länner geet.

Hei waren d'Aarbechten an der Kommissioun weesentlech méi kuerz. Dëse Projet de loi, vu dass et sech ëm en internationale Protokoll handelt, ass vum Här Jean Asselborn deposéiert ginn, an dat de 26. Mäerz 2019. En ass den 8. Mee 2019 an der Justizkommissioun virgestallt ginn. De Conseil d'État huet den 20. Dezember säin Avis ofginn. A vu dass den Text un de viregte Projet de loi liiert ass, ass en dunn eng Zäitche leie bliwwen, während deenen aneren Text nach an der Prozedur war. Et schéngt wierklech net esou einfach gewiescht ze sinn an där Kommissioun.

(Hilarité)

De 7. Juli 2021 ass en dunn nach eemol an der Kommissioun beschwat ginn, wéi och den Avis vum Staatsrot analyséiert ginn ass. Dem Staatsrot säin Avis complémentaire ass der Chamber den 28. September 2021 zougestallt ginn. Den 12. Januar 2022 stoung den Avis dunn um Ordre du jour vun der Kommissioun. Dir wäert et net gleewen, de Rapport ass zur gläicher Zäit ugehallt ginn.

An domat wär ech scho fäerdeg mam Rapport vum Stéphanie Empain. Ech wëlt him och villmools Merci soen, dass et mech esou séier gebrieft huet. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Madamm Lorsché, fir de mëndleche Rapport. Merci un d'Madamm Empain fir de schrëftleche Rapport.

An als nächsten an éischten agedroene Riedner ass et um Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Madamm Presidentin, merci fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëlt fir d'éischt mat engem Merci un déi richteg Rapportrice ufänken, d'Madamm Empain, där ech och da vun hei meng bescht Geneesungswënsch schécken a Merci soen, net nëmme fir déi ganz gutt Rapporten, mee och fir déi ganz gutt Aarbecht, déi an der zoustänneger Kommissioun zu deene Waffegesetz geleescht ginn ass. A mir hoffen - Madamm Lorsché, huet déi Wënsch mat -, si erëm esou schnell wéi méiglech live und in Farbe dann hei ze gesinn.

E Merci awer och un Iech, Madamm Lorsché, datt Der esou schnell hei agesprong sidd an eis eigentlech och dee Projet op eng einfach, verständlech a relativ kuerz Aart a Weis virgestallt hutt. Dat erspuert et mir, op déi eenzel Detailler anzegoen, an et erlaabt mer haaptsächlech och, ganz kuerz ze sinn.

Ech muss zwar soen, Madamm Lorsché, ech hunn awer de Mëtten nach bei Iech en Talent entdeckt, wat ech bis elo net esou kannt hunn: ...

**Une voix** | A!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | ... Dir sidd immens diplomatesch! Well Dir hutt et hei fäerdegbruecht, kommt, mir soen eng awer „relativ komplex“ Prozedur nach immens positiv duerstellen. Dat éiert Iech! Well - an da kommen ech och schonn direkt zum Projet selwer - dëse Projet de loi war wierklech eng schwéier Gebuert. An ech soen och direkt, et war net dee beschte Projet vum fréiere Justizminister - an da sinn ech och ganz diplomatesch.

Ech wëll och direkt hei betounen, datt, wann ech elo eng Rei vu Kriticken ubréngen, déi awer net un déi aktuell Justizministesch adresséiert sinn, au contraire.

**Une voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | An dat halen ech hir och héich, datt, wéi si den Dossier iwwerholl huet, deen Dossier, géif ech emol soen, erëm op déi richteg Gleiser komm ass, wat eis dann och wäert erlaben, an dorobber kommen ech nach ze schwätzen, dee Projet ze stëmmen, well ech mengen, soss wär eis dat net méiglech gewiescht. Duerfir, Madamm Minister, wann ech elo e bëssen op deen Historique aginn an do eng Rei vu Kriticken ubréngen: Déi sinn net un Iech gerichtet, mee dann éischter un Äre Virgänger.

Ech kommen dann awer och net derlaanscht, trotzdeem e bësselchen op deen Historique anzegoen, well ech mengen, dat hei ass wierklech kee Glanzstéck vu gudder Regierungsarbeits gewiescht, déi do am Virfeld geleescht ginn ass. An ech mengen, dat Resultat, wat och herno erauskomm ass, ass zu engem groussen Deel d'Resultat vun engem exzellenten Avis vum Staatsrot a vu ganz ville gudden Amendementen, déi vu riets a vu lénks zu deem Projet erabruecht ginn.

Ech wëll awer vläicht nach e bësselche méi wäit aushuelen. Dat wëssen déi mannsten net, mee eigentlech war och schonn ënner viregte Regierungen probéiert ginn, dat Waffegesetz emol ze reforméieren. An ech ka mech erënnere - ech war deemools Enn de 90er-Joren nach e jonken Deputéierten -, datt do schonn eng Kéier en éischte Virstouss gemaach gi war, wou eise leider vill ze vill fréi verstuertene Fraktiounskolleeg Willy Bourg deemools och Rapporteur vun enger Reform vum Waffegesetz war. Ech erspuere Iech do d'Detailler. Dat maache mer dann eng Kéier herno niewendrun, wa mer e Patt zesummen huelen. Dat war deemools schonn e ganz lëschtegen Exercice, deen awer leider net aboutéiert huet.

Fir elo awer op dëse Projet zrëckzekommen, an et ass virdu vun der Rapportrice gesot ginn, geet eigentlech dee Projet de loi zrëck op eng Direktiv vun 2017. An do fänkt dann awer och meng Kritik un. Déi Direktiv hätt a sech misse bis den 18. oder 19. September 2018 transposéiert ginn. De Projet de loi ass awer eréischt den 19. Mäerz 2019 deposéiert ginn. A wann ech dann elo e bësselche kucken, mir sinn elo den 20. Januar, mir hunn also quasiment dräi an en halleft Joer gebraucht, ier mer da mat dësem Projet duerch den Instanzewee komm sinn. A kommt, mir maachen eis näischt vir: Dat ass wierklech kee Glanzstéck, wann een dräi an en halleft Joer brauch, fir e Projet de loi duerch den Instanzewee ze bréngen.

An ech soen awer och grad esou kloer, Madamm Presidentin, an och léif Madamm Justizministesch: Dat ass wierklech net d'Schold vun der Chamber gewiescht. Et ass net d'Schold vun der Chamber gewiescht, mee et ass wierklech d'Schold vun engem ganz schlecht formulierten ursprénglechen Text gewiescht, dee sech manifestement och net begnügt huet mat enger Transposition vun enger Direktiv, mee dee manifestement op ganz ville Punkten iwwert d'Zil eraus geschoss hat.

An ech muss Iech soen, ech si jo och schonn eng gewëssen Zäitche hei an deem Haus derbäi, ech hu selte mat engem Projet de loi ze di gehat, deen awer op esou eng unanime Opposition op ganz ville Punkte vu ganz villen Associatiounen gestouss ass. Et ass virdu he geschildert ginn: Praktesch all Aweise waren negativ. A si ware vehement negativ, souguer d'Avis vum de Juridictione waren extreem kritesch. A mir kennen d'Juridictionen, dat sinn och Leit, déi wéi d'Madamm Lorsché ganz diplomatesch sinn. Wann déi schonn esou kritesch Aweise schreiwen, da muss ee sech wierklech Froen iwwer e Projet de loi stellen.

An dann den Avis vum Staatsrot - ech hu se gezielt, Madamm Presidentin -: 24 Opposition-formellen! 24 Opposition-formellé waren zu dësem Projet de loi formuliert ginn. Ech mengen, et ass selten, datt e Projet hei an dat Haus erakënn, dee wierklech esou auserneegholl gëtt - an ech weie wierklech mäi Wuert, „auserneegholl gëtt!“ - vun engem Staatsrot.

Mee d'Kritike koumen emol net nëmme vu villen Associatiounen. Se sinn hei alleguerten opgezielt ginn, ech wëll dat och nach eng Kéier maachen: d'Armieren, d'Sportschützen, d'Jeeër, d'Collectionneuren, déi sech vun Ufank u wierklech aus ganz ville gudder Grënn, op déi ech elo net méi am Detail wëll agoen, massiv géint eng Rei vun Dispositione vun deem Projet, par ailleurs zu Recht, gewiert hunn.

A fir nëmme op ee Punkt anzegoen, dee sech och duerch de ganzen Avis vum Staatsrot beweegt huet, dat ass, datt hei am Ursprongsprojet wierklech eng Atteinte au droit de propriété virlooch mat ganz villen Dispositionen. An dat war wierklech äusserst grav. An ech muss och soen, mir wëssen, wéi déi Chamber hei fonctionéiert, d'Majoritéit, d'Opposition, an et ass leider vill ze vill selten, datt d'Majoritéit kritesch ass zu Projeten, déi vun der Regierung erabruecht ginn, mee ech hu selten och esou eng kritesch Majoritéit gesi par rapport zu ganz villen Dispositione vun engem Regierungsprojet.

Gottseidank, an ech hunn et virdu gesot, ass dee Projet dunn och op Base vum Avis vum Staatsrot an deene 24 Opposition-formellé quasiment frësch geschriwwen ginn. An duerfir erlaabt mer awer och vläicht, hei e ganz grouse Merci ze soen, fir d'éischt e ganz grouse Merci wierklech un de Staatsrot, deen hei eng super Aarbecht gemaach huet, awer och e ganz grouse Merci un déi ganz vill Leit an Institutionen, déi hei wierklech ganz wäertvoll Aweise redigéiert hunn an deenen hir Avisen an den Input vun deenen Aweise jo och zrëck an déi Amendementen gefloss sinn, déi dann elo zum Ursprongsprojet (veuillez lire: zum haut virleiende Projet) geféiert hunn.

Ech mengen, mir sinn elo frou, datt mer haut iwwer e Projet diskutéieren, deen d'Strooss hält. Ech géif trotzdem awer och - well et soll ee jo och versichen, aus senger Feeler ze léieren - nach eng Kéier hei en Appell un dës Justizministesch maachen; mee ech mengen, dat brauch ech eigentlech net, well si weess dat: Mir solle wierklech ganz gutt oppassen, wa mer Direktiven transposéieren. Dat ass ëmmer en net ongeféierlechen Exercice. An et soll een haaptsächlech - an dat war jo hei am Ursprongsprojet de Fall - net versichen, vun Direktiven ze profitéieren, fir allméiglech aner Wënsch, déi een dann esou huet, och nach do mat dranzepaken an déi dann an e Projet ze setzen. Well da geet et esou, wéi et hei gaangen ass. Hätten d'Regierung an de fréiere Justizminister sech limitéiert, eng Transposition vun der Direktiv ze maachen, dann hätte mer warscheinlech scho virun zwee Joer dës Projekte verabschit.



Madamm Presidentin, mir kënnen also en gros mat deem Projet, wéi en eis elo hei virgestallt ginn ass, liewen. Ech wëll awer trotzdeem ganz kuerz nach op dräi Punkten zrëckgoen, déi eis awer weider Suergen an deem Text maachen.

Den éischte Punkt ass eng generell Remark. Et ass virduen och hei vun der Rapportrice gesot ginn, d'CNPD huet och zwee exzellent Avis gemaach - an ech hunn dat nach eng Kéier, wéi ech mech fir haut preparéiert hunn, duerchgelies - a wierklech ganz vill gutt Suggestiounen gemaach. Wat allerdéngs traureg ass, a si schreiwen et jo och an hirem Avis complémentaire: Et ass quasiment näischt vun de Propositionen an de Recommendationen vun der CNPD am Endprojet zrëckbehalen ginn!

Duerfir wollt ech awer do nach op e Punkt agoen, well Der jo och meng - an ech kucke mäi Kollege Gilles Roth - an och eis Sensibilitéit fir Dateschutz kennt. An do ass awer nach deen een oder anere Problem. Ech wëll, wéi gesot, elo net hei an den Detail vun där ganzer Dateschutzproblematik goen, déi komplex ass, awer trotzdeem op ee Punkt agoen, deen och laang Developpementen vun der CNPD mat sech bruecht huet: Dat ass d'Konditioun vun der Honorabilitéit an et sinn déi Dokumenter, déi u sech sollen dem Ministère transmettéiert ginn, fir em déi Decisioun vun der Honorabilitéit ze erlaben.

Do ginn, wéi gesot, eng Rei menger Meenung no berechtegt Kritik gemaach. An ech wär och frou, wa mer eis wierklech déi Punkten eng Kéier géifen ukucken, well do ginn elo natierlech ganz vill Dokumenter kollektéiert, fir kënnen déi Honorabilitéit ze appreciëieren. An do musse mer awer wierklech oppassen, datt mer net erëm esou eng Aart „casier bis“ schafen, wou ganz, ganz vill Elementer iwwer ganz vill Leit kollektéiert ginn, déi dann erëm iergendwou zirkuléieren, déi dann erëm iergendwéi kommuniquéiert ginn. Dat wär net ganz gutt.

An ech wëll hei awer och nach eng Kéier eng Suggestioun vun der CNPD opgräifen, déi mer vläicht och net genügend an der Kommissioun diskutéiert hunn - ech huelen dat dann och mat op meng Kap -, an dat ass déi, datt ee sech wierklech nach eng Kéier sollt iwwerleeën, Madamm Justizministesch, ob een net déi ganz Formalitéiten do vun Transmissioun vun Dokumenter eigentlech kéint evitéieren, andeem een op de belsche Wee géif goen an einfach de Procureur froen, datt hie géif en Avis maache par rapport zu all Demandeur, wou en da kéint e bëssen e Resümee vun den eenzelen Elementer maachen, déi mat der Honorabilitéit ze dinn hunn.

Ech mengen, dat géif eis wierklech ganz vill Problemer erspueren. Wann dat net sollt de Fall sinn, muss ee sech da wierklech hei awer herno d'Fro stellen, wien alles erëm Accès op dee Fichier do wäert kréien, wéi laang datt déi Donnéeën och erëm musse konservéiert ginn. Jee, ech wëll déi ganz Diskussioun net erëm ufänken, déi mer kennen, et bleift awer, datt ee sech wierklech eng Kéier muss ganz seriö domadder ofginn.

Vläicht wier och eng Suggestioun - ech kucken hei de President vun der Commission de la Justice -, wann een och nach eng Kéier géif d'CNPD ruffen, wat mer net gemaach hunn aus verständleche Grënn, fir datt mer awer eng Kéier kéinte kucken, wéi een déi praktesch Ëmsetzung och kéint esou gestalten, datt se awer méiglechst dateschutzkonform ass an och konform mam RGPD ass. Well ech mengen - ech kenne jo och dem President an och der Justizministesch hir Sensibilitéit fir déi Froen -, ech hunn nämlech, muss ech ganz éierlech soen, awer e relativ ongutt Gefill, wat besonnesch déi dote Konditioun betrëfft.

Da kommen ech op en zweete Punkt, deen eis och keng 100%eg Satisfaktioun an deem Projet de loi gëtt, dat ass dee vun deem ominéise Regëster. Dat ass dee Regëster, wou dann elo alleguerten déi Waffen, déi transferéiert ginn, sollen agedroe ginn. Dat ass natierlech e Punkt, deen haaptsächlech d'Armuriere concernéiert. Och hei stelle sech reell Dateschutzproblemer. Dat huet och d'CNPD soulevéiert, well ee jo do muss wëssen, datt dat e Regëster ass, dee gehale gëtt vun Armurieren.

Och do figuréiere ganz vill confidentiel Informationen iwwer Leit dran, déi Waffen hunn. Wien huet iwwerhaapt en Accès ausser dem Armurier op déi doten Donnéeën? Wéi laang mussen och déi Regëstere do gehale ginn, am Fall wou zum Beispill d'Geschäft vum Armurier verkaaft gëtt? Wat fir eng Donnéeën kënnen do suppriméiert ginn? Alles dat si Froen, op déi mer, op jidde Fall jusqu'à ce jour, nach keng definitiv Äntwerte kënnen ginn. An duerfir och do mäin Appell, datt mer vläicht nach eng Kéier op deen dote Punkt méi am Detail aginn.

Ech muss Iech och soen - an ech verstinn och do e bësselchen d'Suerge vun den Armurieren hei -, mir schwätze vill vu Simplification administrative, mee hei mussen elo erëm alleguerten déi Leit hir eege Regëstere opsetzen. Si mussen déi à jour halen, wa se Transferte vu Waffe maachen. Et ass alles net esou evident, besonnesch an deenen Zäiten, an deene mer liewen. An d'Fro stellt sech, firwat hei net hätt eventuell kënnen en zentrale Regëster um Niveau vum Ministère de la Justice gemaach ginn. Mee déi Fro loosse sich emol opstoen. Op jidde Fall ass dat doten eng Fro, déi fir eis nach keng 100%eg satisfaisant Äntwert fonnt huet.

An dann e leschte Punkt, Madamm Justizminister, dat ass dee mat den Iwwergangsbestëmmungen. Och hei hu mer e kleng Problem doduerch, datt et sou laang gedauert huet, ier mer dat Gesetz elo definitiv stëmmen. Ech hunn et virdu gesot: D'Direktiv 2017 hätt missen 2018 transposéiert ginn. An der Zwëschenzäit hu Leit Waffe kaaft, déi dee Moment - well mer jo nach kee Gesetz haten - parfaitement konform waren, déi awer elo haut, wa mir d'Gesetz gestëmmt hunn, net méi ...

*(Interruption)*

Jo dach, bon, Dir sot elo ... Dir kënnt eis dat jo dann herno erklären. An do riskéieren eventuell och Problemer ze kommen, wat déi Iwwergangsbestëmmungen ugeet.

Voilà, léif Kolleginnen a Kollegen, dat sinn déi puer Remarken, déi ech awer wollt maachen. Dat heescht, nach eng Kéier, mir sinn en gros mat deem Projet zefridden, en ass awer och nach laang net perfekt. Mir hunn eis och laang an der Fraktioun - och eenzel Kollegen, déi sech intensiv mat deem Projet beschäftegt hunn - d'Fro gestallt, ob mer sollen derfir stëmmen oder eis sollen enthalen. Mir hunn dunn awer decidéiert, mir géifen derfir stëmmen. Ech soen Iech och ganz kloer, firwat datt mer derfir stëmmen: Mir stëmmen éischstens derfir, well et eng Transpositioun vun enger Direktiv ass a fir d'CSV Europa wichteg ass an och d'Direktiven, déi kommen, eiser Meenung no méiglechst schnell an och méiglechst à la lettre sollen ëmgesat ginn.

Et gëtt awer och nach en zweete wichtige Grond an deen ass vläicht bal gradesou wichteg wéi deen éischten. Dat ass deen, datt eng GAFI-Evaluatioun an d'Haus steet, déi fir eis och eng grouss Wichtigkeet fir d'Land, fir d'Finanzplaz huet. An ech mengen, et wier elo net gutt, wann et an esou engem Projet géif zu groussen Diskussiounen kommen. Well ech ka mer

och virstellen, datt de GAFI ganz genau kuckt, wéi déi Projet-de-loien hei ëmgesat gi sinn.

Dann en drëtten Grond, an deen hunn ech gesot, dat ass deen, datt mer mengen, datt déi gréisst Problemer, déi an deem Gesetz waren, redresséiert gi sinn an datt elo wuel nach e puer Problemer bestinn, datt een déi awer eventuell mat e bësse guddem Wëlle ka léisen.

An dann dee véierte Punkt, dat ass deen, datt d'Majoritéit och d'accord war, eis Suggestioun unzuhuelen, nämlech eng Motioun unzuhuelen, fir eng Evaluatioun no dräi Joer vun deem Text ze maachen, wat eis och berouegt. Well wann et sech géif erausstellen, datt do deen een oder anere Problem wier, da kéint een deen dee Moment redresséieren.

Dat gesot, bréngen ech ënnert deene Reserven den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Gedold fir mer nozelauschteren.

**Une voix** | Ganz gutt!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Här Mosar. An als nächsten agedroene Riedner ass et um Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

**M. Guy Arendt** (DP) | Merci, Madamm Presidentin. Léif Kollegen, et gëtt oft gesot, an aus den Ausféierung vum Laury Mosar kann een dat och schonn erausschleissen, datt e Projet de loi aneschtens aus der Chamber erausgeet, wéi en eigentlech erakënn. Dat heescht näischt aneres, wéi datt d'Deputéiert an der zoustänneger Chamberskommissioun nach nobesseren, éier de Projet hei an der Plenië zum Vott kënnt.

Ech muss Iech soen, datt dat bei dësem Projet absolut de Fall war. Ech ginn éierlech zou, datt ech, wéi ech dëse Projet de loi eng éischte Kéier 2019 analyséiert hunn, ganz vill Bauchwee hat. Och meng Kollegen aus der zoustänneger Justizkommissioun haten immens vill Froen an de Laury Mosar huet et och schonn ugedeit.

Zënter 2019 hunn eng Partie Entrevüé stattfonnt, dat ass och scho vu menge Virriedner erwänt ginn. A vill Veräiner a Federatiounen hu sech Suerge gemaach, datt dat neit Waffegesetz en negativen Impakt op hir Aktivitéiten hätt. Vill Leit hunn och d'Fro gestallt: „Firwat brauche mer dëst Gesetz? Mir hunn dach eent vun deene strengste Waffegesetze an Europa a mir hunn dach kee Problem mat Waffegewalt zu Lëtzebuerg.“ D'Äntwert ass awer ganz einfach: Eist Waffegesetz muss ugepasst ginn, well eng europäesch Direktiv muss ëmgesat ginn.

A firwat huet den europäesche Legislatuer gemengt, et misst een an deem Domän aktiv ginn? D'Josée Lorsché, a Verriedung vum Stéphanie Empain, huet et och scho gesot: Et sinn haaptsächlech déi terroristesch Akten, déi viru e puer Joer Europa erschreckt hunn, déi als Ausléiser kënnen gesi ginn. D'EU wollt doropshin europawäit méi streng Waffegesetze gesinn, fir esou d'Sécherheet vun de Bierger ze verbesseren an ze verhéieren, datt d'Waffe méissbraucht ginn, fir Terror an Europa ze streeën.

D'Transpositioun vun dëser Direktiv war da fir Lëtzebuerg eng Geleeënheet, säi Waffegesetz vun 1983 ganz op de Leescht ze huelen.

Madamm Presidentin, ech war mer am Ufank net bewosst, datt dat neit Waffegesetz esou vill Leit hei zu Lëtzebuerg géif concernéieren. Et muss ee wëssen, datt ongeféier 25.000 Leit hei zu Lëtzebuerg e valabele Waffeschäin hunn a quasi 30.000 Leit sinn heivunner concernéiert: Jeeër, Sammler, Händler, Schausteller a Sportler. Fir d'DP war et ëmmer wichteg, datt all dës Leit och an Zukunft kënnen hirer Aktivitéit nogoen.



Ech wéilt op e puer Punkten agoen, déi déi concer-  
néiert Leit ze beanstanden haten, an dorop, wéi mer  
mat den Amendementer de Gros vun hire Soucien op  
d'Säit schafe konnten. D'Madamm Lorsché huet  
gesot, d'CSV hat eng Partie Amendementer erage-  
reecht. Mir hu se net formell agereecht als DP, mee  
mir haten och eng Partie Suggestiounen gemaach.

Ech hu selwer zanter bal 30 Joer e Waffeschäin a si  
mer absolutt bewosst, wat fir eng Responsabilitéit dat  
mat sech bréngt. Wéi ech fir d'éischte Kéier d'Artikelen  
vum Projet de loi duerchgaange sinn, hat ech d'Gefill,  
déi ganz Jeeërschaft géif ënner Generalverdacht  
stoen an et géif eng akut Gefor fir d'Gesellschaft vun  
hinne ausgoen. Duerfir sinn ech awer frou, datt mer  
konnten intensiv un de Verbesserungen vun dësem  
Text matschaffen, fir datt en eng Tournure kritt, déi et  
all de Concernéierten, an net nëmme de Jeeër,  
erlaabt, an Zukunft nach eng Waff ze benotzen.

Sorry, wann ech pro domo e bësse schwätzen, mee ...

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Dat muss och heiansdo  
sinn.

**M. Guy Arendt (DP)** | Gell? Merci, merci, Här Mosar.  
Wann ee geléiert huet, wéi eng Waff funktionéiert, da  
weess een och, wat ee muss maachen, fir datt eng  
Waff net méi funktionéiert an esou sécher kann  
opbawaart ginn.

Am Artikel 13 vum Text gëtt den Transport vu Waffe  
gereegelt. D'Madamm Lorsché ass schonn drop  
agaangen. Deen Artikel gëllt net nëmme fir d'Jeeër,  
mee während den Diskussiounen hat een d'Gefill, e  
wier haaptsächlech op d'Jeeër bezu geschriwwen ginn.  
Dat ass awer net de Fall - ech berouegen Iech -, well  
jidderen, deen eng Waff transportéiert, also och de  
Sammler, Sportschützen oder anerer mussen dës nei  
Reegele befollegen.

De Sënn vum Artikel ass, datt beim Transport vu  
Waffe séchergestallt gëtt, datt keen einfach dru kënn  
oder se klaue kann. Dat Objektiv hunn ech nach ni a  
Fro gestallt a Waffe solle jo zu all Moment sécher  
opbawaart ginn. Dat ass eng Evidenz!

Am Artikel 6-1. vum aktuelle Gesetz vum 1983 steet  
iwwregens iwwert den Transport Folgendes, ech  
zitieren: « Pendant leur transport, les armes relevant  
du champs d'application de la présente loi doivent  
être déchargées et elles doivent être conditionnées  
de sorte que rien ne laisse présumer qu'il s'agit  
d'armes. » Dat war kuerz a prezis a mir sinn am Fong  
jorelaang gutt domadder gefuer.

Den éischte Jet vum neie Projet de loi hat allerdéngs  
eng Tournure, déi vill Froen opgeworf huet an déi  
Concernéiert virun onméiglech Erausforderungen  
gestallt huet. An ech zitieren do nach eng Kéier: « Le  
véhicule dans lequel les armes et munitions sont  
transportées n'est à aucun moment laissé sans  
surveillance aussi longtemps que les armes et mu-  
nitions se trouvent à bord. » An der Praxis wier dat do  
schwéier realisabel gewiescht, weeder fir d'Jeeër  
nach fir d'Sportschützen nach fir all aner Persoun, déi  
eng Waff transportéiert. Wien hätt dat do da solle  
kontrolléieren?

Et ass wichteg, e Gesetz ze hunn, wat um Terrain  
funktionéiert. Duerfir sinn ech frou, datt mir en Text  
fonnt hunn, änlech wéi deen an eisen Nopeschlänner,  
deen och um Terrain ëmzesetzen ass. Ech brauch Iech  
dat elo net ze zitieren, Dir hutt et jo gelies.

Deen Dispositiv, vun deem hei rieds ass, ass bei de  
Jeeër ganz geleefeg. Et ass wéi e Schliss fir d'Waff.  
Bes viru Kuerzem hate mer statt dem „ou“ awer en  
„et“ do stoen. Dat heescht, trotz esou engem Schliss  
hätt een en plus missen d'Waff quasi ganz ausernee-  
huelen, e Prozedere, deen net ganz einfach ass. Mir

musse jo awer net méi helleg si wéi de Poopst! Ech  
mengen, wann een eng Waff am Auto leien huet, déi  
éischters vu bausse net visibel ass, zweetens net  
gelueden ass an drëtzens e Schliss unhuet, dann  
huet een awer alles gemaach, fir datt déi Waff sécher  
gelagert ass. De Fait, fir se dann nach auserneeze-  
huelen, wär do e bëssen iwwert d'Zil erausgeschoss  
an ech si frou, datt mer elo en Text hunn, deen  
d'Sécherheet vu jiddwerengem garantéiert an och an  
der Praxis ëmsetzbar ass.

Ech wëll duerfir och hei op der Plaz der Justizmi-  
nistesch, der Madamm Tanson, e grouse Merci soen,  
well si oppe fir eis Erklärungen a Bemierkungen war an  
den Text elo eng Mouture huet, déi akzeptabel a prak-  
tikabel ass. Et ass jo och net esou, datt reegelméisseg  
Waffen hei zu Lëtzebuerg aus Autoe geklaut ginn.  
Esouwäit ech informéiert sinn, sinn dat an deene  
leschte Joerzénge just zwou Waffen aus engem Auto.

Am éischte Jet vum Projet de loi war den Transport vu  
Waffe während der Nuecht och op eemol verbuede  
ginn. De Staatsrot huet pertinenterweis gefrot, ob et  
nuets e spezifesch Risiko géif ginn, wann ee Waffen  
transportéiert. Ech gesinn op jidde Fall keen. An der  
Praxis hätt dat och zu onnéidege Probleemer gefouert,  
well e Jeeër, deen am Ausland op enger Juegd war,  
oder e Sportschützen - net nëmme de Jeeër, mee de  
Sportschützen -, deen am Ausland op enger Kompeti-  
tioun war, kann och emol eréischt spët an der Nuecht  
ënnerwee sinn. Mee och bei dësem Punkt huet  
d'Ministesch vill Verständnis gewisen an dës Kondi-  
tioun gouf aus dem Projet gestrich. Duerfir nach eng  
Kéier e grouse Merci!

Nei am Waffegesetz ass och, datt ee keng Waff dierf  
benotzen oder transportéieren, wann ee méi wéi 0,5  
Promill Alkohol am Blut huet. D'Madamm Lorsché  
huet schonn drop higewisen. Ech sinn absolutt  
d'accord, datt een, dee voll ass, net soll mat enger  
Waff hantéieren. Dann ass en eng Gefor fir sech a fir  
d'Leit ronderëm. D'Jeeër hu sech net géint dësen  
Artikel gewiert. D'Federatioun huet souguer pertinen-  
terweis drop higewisen, datt een och d'Droge misst  
derbäisetzen, sou wéi dat och beim Fuere vun engem  
Auto verbueden ass. Dëst gouf iwwregens och an  
dem finalen Text bäigesat.

Madamm Presidentin, an der éischter Versioun vum  
Projet de loi war et op eemol verbueden, datt e Kläp-  
per ouni Waffeschäin eng „Saufieder“, wéi dat sech  
nennt, dierf benotzen, wat awer explizit am Juegdge-  
setz virgesinn ass. Och dës Problem krute mer séier  
aus der Welt geschaaft.

An där Versioun waren och Schalldämpfer an Nuets-  
sichtgeräte an der Kategorie vun de verbuedene  
Waffen opgeléist. Als Jeeër kann ech just soen, datt  
dat nützlich Utensilien si fir d'Juegd. Duerfir begrësse  
mer och explizit, datt an deen Text, dee mer haut  
stëmme wäerten, eng Ausnam fir d'Juegd agebaut  
gouf.

Madamm Presidentin, wéi ech am Ufank gesot hat,  
sinn et awer net nëmme de Jeeër, déi Probleemer mat  
dem Originaltext haten. Ganz besuergt waren  
nämlech och d'Sammler vun historesche Waffen. Am  
éischte Jet huet et nämlech geheescht, datt all  
d'Waffen, déi an déi sougenannt Kategorie A5 géife  
falen, missten neutraliséiert ginn, an anere Wieder  
schossontauglech gemaach ginn. Eng aner Optioun  
war, fir se an eng semiautomatesch Waff ze transfor-  
mieren, fir datt se an déi sougenannt Kategorie B  
falen. Fir si war dat, wéi wann d'Waffe misst futti  
gemaach ginn.

De Gros vun de Sammler hunn iwwregens hir Waffen  
als Konschtobjekt un der Mauer hänken oder hannert  
enger Vitrin an denke guer net drun, mat esou

enger Antiquitéit ze schéissen. Mee de Fait, fir esou e  
Sammlerobjekt ze neutraliséieren, géif säi Wäert consi-  
derabel verréngere. Wann ee weess, datt verschidde  
Sammlerobjekten e gewëssene Wäert kënnen hunn,  
da kann ee sech virstellen, datt d'Opreegung grouss  
war.

Fir d'DP war dat eng kloer Verletzung vum Eegen-  
tumsrecht, déi net justifiabel war. En plus wier et eng  
muttwëlleg Zerstückelung vun engem historesche  
Patrimoine culturel gewiescht. Duerfir ware mir och  
frou, datt de Staatsrot dat genausou gesinn huet an  
eng Opposition formelle zu der obligatorescher Neu-  
tralisierung ausgeschwat huet. D'Sammler kënnen  
also berouegt sinn. Wéi et och haut schonn de Fall  
ass, kënnen Sammler, déi eng Waff aus der souge-  
nannter Kategorie A an hirer Kollektioun hunn, eng  
Derogatioun vum zoustännegen Minister ufroen. Dat  
selwecht gëllt fir Muséëën, déi esou historesch  
Waffen an hirem Besëtz hunn.

Madamm Presidentin, och d'Sportschützen haten  
d'Deputéiert kontaktéiert, fir op Probleemer am  
éischte Jet hinzewisen. D'Sportschützen hunn och e  
Waffeschäin an hunn also geléiert, verantwortlech  
mat hirem Sportmaterial ëmzegoen. Fir d'DP ass et  
wichteg, datt dat neit Waffegesetz de Sportler nach  
erlaabt, hirem Sport nozekommen, ouni datt si en  
Handicap hu par rapport zu Athleeten aus anere  
Länner, an esou och op internationale Kompetitiounen  
gutt Resultater fir Lëtzebuerg erzielen ze kënnen, an  
dat sinn der effektiv eng ganz Hickecht.

Wat war dann de Problem fir d'Sportschützen? E  
grouse Problem war fir si dee fréieren Artikel 56,  
deen et hinne verbuede gehat hätt, hir Munition  
weiderhi selwer doheim ze preparéieren an nozefél-  
len, esou wéi dat bei ville Sportschützen a bei all  
Sportler, dee mat engem Grousskaliber schéisst, de  
Fall ass. Duerch en Ajout an den Definitiounen vun der  
„fabrication illicite“ dierfen d'Sportschützen also elo  
weider hir Munition nofellen. Dëst freet net nëm-  
me d'Sportschützen, mee och de Schwarzpulver-  
schéissveräin, deen op esou Munition ugewisen ass.

Genau wéi an all Sportart gëtt och bei de  
Sportschützen vill Wäert op den Nowuess geluecht.  
Duerfir ware si och net frou, wéi se gelies hunn, datt e  
Sportschützen eréischt mat 14 Joer dierf e Waffeschäin  
maachen - a kréien, éischter -, fir dësem Sport noze-  
goen. An der Belsch muss een 8 Joer hunn, a Frank-  
räich 9 an an Däitschland 12 Joer. Aus dësem Grond hu  
mer decidéiert, den Alter, ab wéini e Jonken dierf e  
Waffeschäin kréien, fir an engem Veräin ze schéissen,  
net op 14, mee op 11 Joer festzesetzen.

Maacht Iech awer keng Suergen: D'Kanner dierfen  
d'Waffen net eleng manipuléieren, mee et muss  
ëmmer en Erwuessenen, wat meeschtens den Trainer  
ass, derbäi sinn! Jiddefalls hu mir mat deem Amende-  
ment séchergestallt, datt eisen Nowuess keen Handi-  
cap par rapport zu anere Jonken aus eisen  
Nopeschlänner huet.

Den Nuetstransportverbuet, deen ech virdrun erwänt  
hunn, wier och fir d'Sportschützen, déi weekends  
vun engem Tournoi aus dem Ausland heemkommen, pro-  
blematesch gewiescht. Et ass also och an hirem Interêt,  
datt dee Passage elo an dësem Projet de loi net méi ze  
fannen ass.

Madamm Presidentin, d'Waffegesetz këmmert sech  
net nëmme ëm d'Schoss Waffen, mee och ëm  
d'Benotze vun de sougenannten „armes blanches“,  
déi hei reglementéiert ginn. Dëst huet dann erëm en  
Impakt op all déi Leit, déi eng Sportart ausüben, déi  
ënner der FLAM, der Fédération des arts martiaux,  
regruppéiert ass. Et sinn der net grad wéineg: Onge-  
féier 2.000 Leit zu Lëtzebuerg sinn aktiv an enger vun



enger Partie Disziplinen, wou der e puer derbäi sinn, vun deenen Dir bestëmmt nach ni eppes héieren hutt; mee ech ziele se awer elo net op.

Bei ville vun dëse Kampfsportaarte brauch een Utensilie wéi en Nunchaku, Matraquen oder e Stick. An der éischter Versioun vum Projet de loi stoungen esou Utensilien bei de verbuedene Waffen, also an der Kategorie A. Dat wier natierlech eng Katastroph gewiescht fir all dës Kampfsportler, besonnesch well drastesch Strofen op dem Besëtz vun esou Utensilien stoungen.

Duerfir sinn ech frou, datt d'Justizkommissioun en neien Artikel 10 proposéiert huet, deen explizitt all déi Utensilien fir eng Sportaart, déi bei enger Fédération affiliéiert ass, weiderhin ouni Erlabnis vum Ministère zouléisst, an dat souwuel fir de Gebrauch beim Sport, mee och fir den Transport bis op den Training oder op eng Kompetitioun. Och wa keen dat direkt gemierkt hat, mee wann een déi éischt Versioun vum Gesetzesprojet à la lettre geholl hätt, wieren och Säbelen a Schwärter, déi beim Fechte benotzt ginn, net ouni eng ministeriell Erlabnis méiglech gewiescht.

Madamm Presidentin, dat neit Waffengesetz wäert och de Beruff vun den Armurieren, also de Waffenhändler, impaktéieren. Dëst Gesetz wäert sécherstellen, datt déi Waffen, déi si verkafen, esou gutt wéi nëmme méiglech beschützt ginn. Esou definéiert zum Beispill den Artikel 22, wéi d'Geschäft vun engem Armurier muss gesécher sinn. Déi nei Konditiounen sinn natierlech mat groussen Investissementer verbonden. Dëst kann awer problematesch sinn, wann den Armurier net Proprietär vu sengem Lokal ass, mee just lount an de Proprietär him déi néideg Embauarbechten net autoriséiert.

Duerfir sinn ech frou, datt mer an deem Artikel konnte preziséieren, datt verschidde Konditiounen, déi d'Ausgewänn an d'Fënstere vum Lokal betreffen, net ze erfëlle sinn, wann den Armurier all seng Waffen an d'Munitiounen an engem Safe oder an engem Raum stockéiert, déi déi selwecht Sécherheet bidde wéi déi aner Konditiounen.

D'Associatioun vun den Armurieren hat eis och dorobber higewisen, datt d'Konditiounen aus dem alen Artikel 17 et hinne géifen onméiglech maachen, e Stagiaire oder e Léierbouf anzustellen, well dësen hätt missen 18 Joer hunn. Doropshi gouf dann eng Exceptioun bäigesat, déi eng Limit vu 16 Joer fir d'Stagiairen a Léierbouwe festhält.

Madamm Presidentin, léif Kollege, Dir gesitt, mir hu vill an ech géif soen gutt un dësem Projet de loi geschafft, fir Iech haut kënnen en Text zum Vott ze presentéieren, deen och d'Strooss hält. Mee wéi esou oft am Liewen ass näischt perfekt. Et kann een et ëmmer besser maachen. Ech hat zum Beispill drop opmierksam gemaach, datt e Pefferspray an och en Taser zu Lëtzebuerg an der Kategorie A.15 beziungsweis A.16 opgelëscht ginn. De Besëtz ass also illegal a ka bestrooft gi mat dräi bis aacht Joer Prisong an/oder enger Geldstraf tëscht 25.001 a 500.000 Euro.

Fakt ass, datt esou Selbstverteidigungswaffen zum Beispill an eisem Nopeschland Däitschland legal ze kafe sinn an do och och gang und gäbe sinn a besonnesch vu Frae kaaft ginn, fir sech géint en Iwwergrëff ze wieren. Falls also elo esou eng Persoun zum Beispill aus Tréier en Ausfluch op Lëtzebuerg mécht - wat vläicht elo net méi esou de Fall ass, mee on ne sait jamais - an de Pefferspray läit nach an der Posch, dann transportéiert dës Persoun eng zu Lëtzebuerg illegal Waff a riskéiert déi virdrun opgezielt drastesch Strofen.

Verstitt mech elo net falsch: Ech plädéieren net, fir de Pefferspray hei zu Lëtzebuerg ze legaliséieren, mee

ech mengen, déi Strof, déi an Zukunft schonn eleng op dem Besëtz vun engem Pefferspray steet, ass fir mech perséinlech iwwerdrifwen.

**Une voix | Très bien!**

**M. Guy Arendt (DP) |** Hei hätt ech mer gewënscht, datt mer eis un eis Nopeschlänner uleenen, dëst och am Sënn vun engem Marché intérieur, wou ee fräi zirkuléiere soll kënnen, ouni d'Legislatioun aus 27 Länner kennen ze mussen.

An deem Kader gëtt och proposéiert, d'Artikelen 42 an 43, mee och den Artikel 31 ze adaptéieren, fir se un d'Praxis vun eisen Nopeschlänner unzupassen. Et handelt sech heibäi ëm den temporären Transport vu Waffen op Lëtzebuerg oder vu Lëtzebuerg an aner europäesch Länner. Konkreet sinn hei d'Sportschützen an och déi Leit, déi Waffen transportéieren, fir eng historesch Virstellung ze organiséieren, beträff. Fir esou en Transport brauch een eng Autorisatioun. Ech hat proposéiert - net nëmmen ech, mee mir waren zu e puer -, och am Sënn vun der Simplification administrative, fir dës Autorisatioun sinn ze loosseren a just als Konditioun festzehalen, datt ee säin europäesche Waffeschäin derbäihuet souwéi eng Pièce, déi beleet, firwat een eng Waff transportéiert. Dobäi handelt et sech meeschtens ëm d'Invitatioun op en Evenement oder eng Kompetitioun. D'Direktiv, déi mer jo mat deem neie Waffengesetz ëmsetzen, hätt esou eng Simplification iwwregens erlaabt.

Eng änlech Vereinfachung hätt ee sech beim Artikel 31 kënnen virstellen. Dësen Artikel seet nämlech - sorry, wann ech nach eng Kéier drop zrëckkommen -, datt e Jeeër aus dem Ausland, deen op Lëtzebuerg op eng Juegd kënnt, eng Autorisatioun beim Ministère muss ufroen, fir mat senger Waffen dierfen an d'Land ze kommen. Wann ech awer elo, wat reegelméisseg de Fall ass, bei Kollegen an Däitschland op hir Juegd ginn, da geet et mir duer, datt ech mäin europäesche Waffeschäin derbäihu souwéi eng Invitatioun, fir op déi Juegd ze goen. Och hei kéinte mer d'Prozedur lichter vereinfachen am Kader vun engem funktionéierende Bannemaart.

Madamm Presidentin, léif Kollege, wa mer dëst Gesetz nach eemol op de Leescht géifen huelen, wieren dat op jidde Fall Punkten, mat deene mer dëst Gesetz nach e Stéckelche besser kéinte maachen. Et gëtt jo an dräi Joer evaluéiert, vläicht ass dann de richtegen Zäitpunkt.

Jiddefalls hu mir haut en Text virleien, mat deem d'DP averstanen ass, well zwou wichteg Konditiounen erfëllt sinn: Duerch dëst Gesetz wäert garantéiert ginn, datt Waffen net zu enger Gefor fir eis Gesellschaft ginn an datt all déi Leit, déi vun dësem Gesetz beträff sinn, sief dat e Jeeër, Sportler, Sammler, Schausteller oder Armurier, och weiderhin hiren Aktivitéiten nogoe kënnen. Et war eis wichteg, datt mer e Gesetz hunn, wat och um Terrain funktionéiert, a mat all deene Verbesserungen, déi mer zanter 2019 gemaach hunn, sinn ech iwwerzeegt, datt mer elo en Text hunn, deen och an der Praxis ëmsetzbar ass.

Madamm Presidentin, ech wëll awer och nach eng Suggestioun un d'Madamm Ministesch lassginn, wat d'Waffen ugeet. Et kënnt alt emol reegelméisseg vir, datt, wann e Familljemember stierft an d'Ierwe säin Haus mussen raumen, een eng al Waff fënnt. Wat muss een do maachen? Gëtt et do eng Ulaftell beim Justizministère oder bei der Police, wou ee gewuer gëtt, wéi ee sech an deem Fall richteg verhält? Ech fannen dat besonnesch wichteg, well jo op dem illegale Besëtz vu verschidde Waffen eng ganz héich Strof steet.

Zum Schluss wëll ech awer net vergiessen, der Rapportrice fir dee schrëftleche Rapport an der

Rapportrice vum mëndleche Rapport Merci ze soe fir hir detailléiert Explikatiounen iwwert dës zwee Gesetzentwerfungen.

Wat deen zweete Projet de loi nämlech ugeet, esou ass et, datt et jo just eng Approbatioun vun engem Protokoll ass, dee Lëtzebuerg ënnerschrifwen huet. Dat gesot, ginn ech den Accord vun der DP zu dësen zwee Projet-de-loien a géif Iech villmools Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**Mme Djuna Bernard, Présidente de séance |** Merci, Här Arendt. An als nächsten ageschriwwene Riedner ass et um honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Biancalana (LSAP) |** Merci, Madamm Presidentin. Madamm Presidentin, léif Kolleginnen a Kollegen, jo, de Projet, dee mer haut diskutéieren, dréit zu enger Reform, zu enger kompletter Reform vum Waffengesetz vun 1983 bäi an doduerch kréie mer endlech e modernt Waffengesetz. Donieft transposéiert de Projet de loi awer och nach eng europäesch Direktiv vun 2021, déi de Fonctionnement vum Waffemarkt innerhalb vun der Europäescher Unioun vereinfache wëll.

Ech wëll op dëser Plaz awer net ze vill op d'Direktiv agoen, mee mech éischer op dat fokusséieren, wat d'Reform vun engem veraalte Waffengesetz aus dem Joer 1983 un neien Dispositiounen aféiert.

Dëse ganze Projet de loi - an et ass effektiv scho vu menge Virriednerinnen a Virriedner ugeschwat ginn -, deen initialement am Fong am Mäerz 2019 deposéiert gouf, hat eng méi restriktiv Ausrichtung wéi deen, dee mer haut hei virleien hunn an och deementsprechend haut hei kënnen stëmmen.

De Projet war deemools kritischesch, ganz kritischesch empfaange ginn, besonnesch bei der Jeeërfederatioun, Associatiounen a Professionellen aus der Waffewelt hei zu Lëtzebuerg, wann ech dat esou nenne kann. Et konnt awer no konstruktiven Diskussiounen op ville Punkte vun alle Säiten, déi sech matabruecht hunn, an op ville Punkten, déi kritiséiert goufen, nobessert ginn, wat positiv ass. An dat begrësse mer als LSAP, esou wéi et virdrun och scho vu menge Virriedner gesot gouf. An och der Justizministesch merci, mengen ech, dass mer dee Projet hei virleien hu mat enger ganzer Rei Nobesserungen.

Et ass wichteg, hei ze ënnersträichen, dass de Projet aus engem bestëmmte Besoin eraus a weinst enger Rei dramateschen Evenementer entstanen ass, an zwar aus dem Besoin, dass d'europäesch Memberstaate besser den Arsenal u Waffen an hirem Land kënnen enregistrieren an tracéieren an dobäi gläichzäitig d'Identitéit vun de Waffebesëtzer kennen a wëssen. Dat war an ass de Länner wichteg weinst den trageschen Ereegnisse bei den Terrorschläi zu Paräis, déi d'Welt a ganz Europa 2015 erfëiert hunn.

No dësen Evenementer hunn déi europäesch Institutiounen eng nei Direktiv - si gëtt och „Directive Bataclan“ genannt - geholl a sollt hei d'Luft géint den Terrorismus an effektiv engem breede Champ aféieren, fir terroristesch Aktivitéiten deementsprechend ze bekämpfen an och dann d'Ziel vun de Waffen an der Bevëlkerung ze reduzéieren an och ze kontrolléieren. Dës Direktiv huet awer och dann den nationale Policekräften erméiglecht, d'Grenzen ze iwwerschreiden, d'Kooperatioun ze verbesseren an och duerchzeféieren.

Den Terrorismus, dat wësse mer alleguerten heibanen, bekämpft een un deem senger Wuerzelen. Bon, dat geet natierlech ganz sécher wäit iwwert dëst Gesetz eraus, iwwert déi Adaptatiounen, déi mer hei



huelen, an och iwwert déi Verschäerfungen. Dëst Gesetz ass awer sécher eng vu villen Äntwerten an ee vun den Usätz.

Jo, Waffe faszinéieren, Waffe gi gesammelt a kommen och zu reegelméissegem gereegelten Asaz. Waffe sinn awer och potenziell geféierlech. Wa Waffan a falsch Hänn geroden, kënnen se Mëscheliewe kaschten. Waffe si geféierlech an den Ëmgang domat an enger Gesellschaft muss also kloer gereegelt sinn a ginn, well et geet hei virun allem drëms, d'Sécherheet ze gewärrleeschten a Gewalt ze ënnerbannen.

Wa mer e Bléck op de legalen an illegale Waffenhändler werfen, wësse mer alleguerten heibannen, dass Waffe produzéiert ginn, fir Kricher ze féieren, Konflikter auszedroen an och Verbréchen, Kriminalitéit ze begoen - alles anescht wéi eng romantesch Approche!

Et ass och wichteg, dass mir dëst Gesetz haut stëmmen, well d'Echeance vun der Ëmsetzung - an dat ass och scho virgedroe ginn - vun der Direktiv op September 2018 gesat war a Lëtzebuerg am November 2018 vun der Europäescher Kommissioun eng Mise en demeure krut. Haut si mer souwäit, fir d'Gesetz ze stëmmen.

Déi éischt Virlag huet virun allem op dem Fakt baséiert, dass keng Ausnam fir Waffan, déi virun 2017 produzéiert gi sinn, virgesi war. Dat ass, wéi gesot, net méi de Fall. An effektiv sollte jo eng Rei Waffe vu Besëtzer, déi Waffan haten, neutraliséiert respektiv entschäerft ginn. Dat war fir Sportschësser, Jeeër a Waffenhändler ganz schwéier ze verdauen a gouf och kritiséiert a sëllegen Entrevuen, déi ee mat hinnen hat. Well och wann dat Neutraliséiere bei den neie Waffe verständlech wier, zum Beispill well se vollautomatesch sinn, wier et bei historiesche Waffan effektiv absolut net verständlech, dass ee se misst zerstéieren, zemoos wou esou Waffe virun 80 bis 100 Joer produzéiert goufen an deemno och en historiesche Wäert, e Sammlerwäert hunn.

De Staatsrot huet vill Opposition-formellen a sengem Avis formuléiert. An enger dovunner gesäit de Staatsrot jo och eng Atteinte au droit de propriété fir d'Besëtzer vun dëse Waffan. Et wier nämlech esou eng Atteinte, dass déi nei Waffekategoriséierung, déi virgesäit, dass historiesch Waffe sollen neutraliséiert ginn, net konform wier zu de Fräiheeten, déi an der Verfassung stinn an och an der Europäescher Charta vun de fundamentale Rechter effektiv garantéiert ginn. An doropshin, mengen ech, ass hei och nogebessert ginn.

Madamm Presidentin, ganz am Ufank vum neie Gesetz hu mir eng grouss Opzielung vu verschiddene Waffekategorien. Do fänkt et mat der Kategorie A un, wou all déi verbuede Waffan drënnerfalen, also déi sougenannt „armes prohibées“. Dann ass et d'Kategorie B: Dës Kategorie ënnerscheet sech weesentlech vun der éischter, also der Kategorie A, well et hei ëm Waffe geet, déi mussen autoriséiert sinn, fir am Ëmlaf ze sinn. An dann déi drëtt Kategorie, d'Kategorie C, dat ass, wéi gesot, eng nei Kategorie. D'Rapportrice ass an hirem mëndleche Rapport jo och schonn drop agaangen.

De Projet de loi gesäit awer natierlech och eng Exklusioun fir all déi Waffe vir, déi en Deel vun der Ausrüstung vun der Police oder vun der Douane sinn, well dës Waffe kommen natierlech effektiv zum Asaz, fir dass d'Police an d'Douane hirer Aarbecht kënnen vollwäerteg nokommen, an dat ass natierlech och kloer nozevollzéien.

D'Obligatioun vum Marquage a vum Traçage gëtt vum ale Gesetz iwwerholl a just licht amendéiert. Konkreet heescht dat, dass all Waff, déi an der Europäescher Unioun fabrizéiert gëtt oder heihinner importéiert

gëtt, konform zum Gesetz markéiert gi muss. An dat ass natierlech immens wichteg, fir eng Kontroll iwwert d'Zuel vun de Waffan, déi hei zu Lëtzebuerg am Ëmlaf sinn, deementspriedend och ze hunn.

Eng Dispositioun, déi awer och deemools fir vill Opreegung gesuergt huet, war déi, déi eng ganz Partie vun Operatiounen mat verbuede Waffan aus der Kategorie A verbitt. De Knackpunkt war am ursprénglechen Text jo d'Neutralisatioun vun ale Waffan. An effektiv waren hei Kollektiouns- a Sammlerstécker deementspriedend geduecht. Et ass hei ëm hire Besëtz gaangen an och dat konnt mat deem Projet de loi, wéi mer en hei virfannen, entkräft ginn an elo brauche se, wéi gesot, net méi neutraliséiert ze ginn.

E spezielle Regimm gëllt dann nach fir méi al Waffan. Dorënner falen och déi Waffan, déi effektiv virun 1. Januar 1900 fabrizéiert goufen, an ech mengen, dat sinn och ganz apaart Waffan. Dat sinn effektiv déi Vorderladeren, Verschiddener vun Iech kenne se, déi ginn och effektiv an enger ganzer Rei Filmer gewisen, an och hei brauch ee keng Autorisatioun beim Ministère unzefroen.

Da gëtt natierlech och am Gesetzesprojet de Waffantransport méi genee gereegelt, fir och dee méi sécher a risikofräi kënnen ze garantéieren.

Da war e weidere Punkt, deem awer och largement diskutéiert gouf, d'Appreciatioun vun der Geféierlechkeet vun enger Persoun, déi eng Autorisatioun, en Agreement oder e Permis fir eng Waff ufreet. Dës Charakteristik soll jo da vum Service armes et gardiennage kontrolléiert an an der Evaluatioun vum Dossier a Consideratioun geholl ginn. Et soll also kengem eppes accordéiert ginn, deem eng Gefor fir sech selwer, fir aner, fir den Ordre public oder d'ëffentlech Sécherheet duerstellt. Et gouf sech och un der Notioun vun der Honorabilitéit gestouss, déi am finalen Text deementspriedend och duerch d'Notioun vun der Dangersitéit ersat gouf.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

D'Appreciatioun vu verschiddene Krittären, wéi déi vum Behuele der Persoun, ass natierlech och kritesch betruecht ginn, well de Staatsrot do wësse wollt, ob een hei nëmmen op de Casier zrëckgräift oder awer och nach aner Source consideréiert ginn, ob een zum Beispill Informatiounen a PVen an och Policerapporte mat eranhëlt. Et huet och do effektiv u Prezisiounen gefeelt an et konnten och eng Rei Reformulatiounen proposéiert ginn, déi mer jo och am Text iwwerholl hunn.

Fir awer och deementspriedend de mentale Gesondheitszustand, déi psychesche Stabilitéit ze präiwen, an awer och en vue vun engem verantwortlechen Ëmgang mat Waffan, mussen d'Waffebesëtzer also eng Attestation médicale virweisen, entweder vun hirem Referenzdokter oder vun engem Psychiater.

A fir d'Geféierlechkeet vun enger Persoun halleftweegs kënnen anzeschätzen, dat ass net ëmmer ganz evident. Do sinn objektiv Krittären an och deelweis subjektiv Krittären, medezinnesch Krittären. Et sinn natierlech och d'Antécédents judiciaires an och d'Verhale, déi polizeilech erfaasst goufen, wichteg Informatiounsquellen - dat natierlech och am Respekt vum Dateschutz -, fir eng Autorisatioun fir e Waffeschäin auszustellen oder halt och net.

Am Kader vun der Appreciatioun ass awer och ze betounen, an d'Virriedner hunn et och ugeschwat, dass am Fong déi Kopien, déi vum Procureur un de Ministère geschéckt ginn, sechs Méint no der finaler Decisioun am Dossier zerstéiert ginn.

Här President, wa mer bei den Donnéeën sinn, da wëllt ech och nach kuerz op de Waffefichier agoen, dee

beim zoustännegen Ministère geréiert gëtt. Dëse Fichier, sécherlech och erëm am Respekt vum Dateschutz, ass natierlech wichteg, fir all déi néideg Donnéeën kënnen ze erfaassen iwwert déi privat Waffebesëtzer hei am Land. An ech mengen, och hei ass Suerg gedroe ginn, dass effektiv nëmme limitéiert Donnéeën opgehoill ginn.

An dësem Gesetz geet et awer och ëm den Agreement vun den Armurieren. Ouni e speziellen Agreement ass et verbuede, dës Beruff hei zu Lëtzebuerg auszeüben. An och si spillen e ganz wichtige Rôle an där ganzer Chaîne. Demandeure fir dëst Dokument mussen also och strikt Konditiounen erfëllen. Den Agreement ass fir fënnef Joer gutt a kann natierlech duerno och erneiert ginn, wann déi legal Konditiounen erfëllt sinn a wann den Armurier selwer - esou wéi effektiv och déi privat Waffebesëtzer - keng Gefor ass, weeder fir sech selwer nach fir déi aner.

Wa vun de private Waffebesëtzer natierlech e Fichier beim Ministère ugeluecht gëtt, och erëm am Respekt vum Dateschutz, dann ass et och parallel dozou e Wafferegëster fir d'Waffan, dee vun den Armurieren ugeluecht gëtt, dee si effektiv ze halen hunn, e Regëster, wou am Fong déi Waffan, déi si hunn, deementspriedend enregistréiert ginn, och hei mat enger Rei Informatiounen wéi dem Typ an och dem Modell.

Am Resümee: Ouni eng Autorisatioun dierf am Fong dann och eng Privatpersoun normalerweis keng Waff bei sech droen oder eppes mat enger Waff maachen.

Jo, Sportschützen, där hu mer och hei am Land an déi maachen natierlech och reegelméisseg an deene leschte Joren op internationale Kompetitiounen op sech opmierksam a sinn do Ambassadeure vu Lëtzebuerg. Generell kann ee soen, dass dës Sport an der leschter Zäit e ganz gudden, e ganz grouss Succès hat, besonnesch och bei deene Jonken. Duerfir ass et am Fong ze begrëissen, dass an der Ausübung vun hirem Sport den Alter op 16 respektiv 11 Joer erofgesat gouf. A fir dës Schützen applizéiere sech natierlech och spezifesch Dispositiounen, wa se op de Schëissstand gi respektiv wa se effektiv hei zu Lëtzebuerg Kompetitiounen ausdroen.

Natierlech dierfen dës Persounen de Schëissstand net mat der Waff verlossen a mussen d'Waff no der Übung un d'Sportschützen zrëckginn. An et muss een natierlech och Member sinn an der Sportschützefederatioun oder an engem Club, wann een e Mineur ass.

An deem Kontext vläicht och eng Fro un d'Justizminister: Am Kontext vun de jonke Waffebesëtzer géif et mech interesséieren, wéi d'Altersmoyenne vun de Waffebesëtzer am Allgemengen oder generell ass, wann Der do Informatiounen hutt. Ech hunn am Rapport vum Ministère de la Justice déi Informatiounen net direkt fonnt. An ech wëllt vläicht wëssen: Gëtt et och Statistiken vun Infraktiounen, déi begaange goufe vu Leit, déi effektiv e Permis haten? Och do hunn ech bei Recherchen, déi ech gemaach hunn, am Rapport vum Justizministère keng Informatiounen fonnt. Mee Dir hutt se sécherlech bei Hand.

Nieft de Sportschützen dierfe mer awer och net d'Jeeër vergiessen, déi am Kontext vun dësem Projet de loi eng Rei Ureegungen geäussert hunn, fir verschidden Ännerungen hei am Gesetzestext ze kréien, an och deene gouf Rechnung gedroen. Si profitéieren hei vun engem spezielle gesetzleche Regimm. A wat si ënnerscheet, ass, dass se zum Beispill nëmme Waffe vum gesetzlechen Typ B.1 op hirem Juegdschäi kënnen hunn, an dat si jo effektiv extra Juegdwaffen.

Wou de Projet de loi och méi streng an och méi restriktiv gëtt, dat sinn natierlech d'Sécherheitsmesuren, un déi sech d'Privatleit hale mussen. An och do



ass e spezielle Sécherheetsdispositif mat Reegelen opgestallt ginn. Zum Beispill muss e Particulier seng Waffen a Munition ëmmer ausserhalb der Reechwäit vu Mineure stockéieren. Och dat, mengen ech, ass een net onwichtige Aspekt. Ausserdeem muss all Waff ongeluede stockéiert ginn. An och de Waffe-Coffre-fort muss verschidde Konditiounen erfëllen. Och hei, mengen ech, stinn d'Sécherheet an de Schutz am Vierdergrond. An och dat dréit derzou bäi, méi Sécherheet ze kréien, well et och net einfach soll zu engem Accident kommen, besonnesch wat Kanner ugeet - och, wat net d'Kanner ugeet, awer effektiv grad si -, wa se awer mol verseeëntlech a Kontakt sollte komme mat Waffen, déi geféierlech Instrumenter sinn.

Zum Schluss wéilt ech och nach kuerz op verschidde Moyenen agoen, déi effektiv der Police an och dem Ministère zur Verfügung stinn. An zwar muss den Titulaire vun engem Waffepervis, deen ausserhalb vu sengem Domicile e Waffentransport mécht, seng Carte d'identité derbäihunn. Eng Evidenz, mee et ass awer och scho mol geschitt, dass dat net de Fall war. An e muss och säi Waffeschäin derbäihunn. Och do gouf et an der Praxis schonn emol esou Situatiounen. An natierlech, nieft dem Fait, dass dës Dokumenter bei enger Policekontroll musse ganz kloer gewise ginn, muss een, wann ee säi Schäi géif verléieren duerch iergendwellech Ëmstänn, dat bei der Police mellen innerhalb vun zwee Deeg.

Här President, zu gudder Lescht enthält de Projet de loi awer och nach eng Rei Verbueter. Och dat schéngen Evidenzen ze sinn, mee ech mengen, et ass awer och wichteg, dat eng Kéier hei am Gesetz ze ënnersträichen. Et ass net autoriséiert, Reklamm fir verbuede Waffen ze maachen. Et ass verbueden, an eng Schoul mat Waffen eranzugeen. An et ass effektiv och verbueden, eng Waff bei sech ze hunn, wann een ënner engem gewëssenen Alkoholafloss steet. Evidenzen, mee et ass wichteg, se hei och festzehalen!

Mir kënnen also am Fong feststellen, dass dës Projet, dass dëst Gesetz, wat mer haut hei stëmmen, immens vill an der Matière vun de Waffen effektiv festgehalten huet, legal festgehalten huet an och kloer encadréiert.

Wa mer den historeschen Hannergrond vun dëser Reform kucken, da kann een am Fong de Constat maachen, dass se néideg war, dës Reform. An ech hoffen och, dass dat eis a puncto Sécherheet a Sécherheetsgefill an eiser Gesellschaft weiderbréngt. Mee och wann de gesetzleche Kader elo fundamental iwwerschafft a moderniséiert ginn ass, an dat ass eis als LSAP wichteg, muss och den Effort vun de beträffene Persounen gemaach ginn, fir dat esou gutt a korrekt wéi méiglech an der Praxis ëmzesetzen an ze begleeden. An dat ass jo och elo schonn de Fall, an ech mengen, dass dat mat deem neie Gesetz sécherlech net aneschtens wäert sinn, wéi dat elo déi gängeg Praxis war.

Wat ech awer am Numm vun der LSAP ka feststellen, ass, dass dës Projet en Equilibre tëschent den europäeschen Direktiven a Fuerderungen an tëscht den nationalen Autoritéite souwéi de private Persounen a Federatiounen an Associatiounen ass, déi am Fong vum Text an hirem Alldag, an hirem Praxis beträff sinn. Well ouni d'Leit vum Terrain, hiert Wëssen, hir Praxis wier den Text net esou evoluéiert, wéi mer en hei virfannen. Et schéngt also och eng gutt Balance ze sinn tëschent de verschiddenen Interëten. An dofir, mengen ech, ass et och wichteg, dass mer dräi Joer, nodeems mer d'Gesetz hei gestëmmt hunn, e Bilan zéien an och gegebenefalls déi néideg Adaptatiounen virhuelen.

Dofir kann ech hei am Numm vun der LSAP den Accord zu dësem Projet de loi ginn, awer nieft dem

Accord zu dësem Projet och den Accord vu menger Fraktioun zum Projet de loi 7428 betreffend de Protokoll iwwert d'Fabrikatioun an den Transport vun illegale Feierwaffen, deen och ratifizéiert gouf. An ech soen hei souwuel dem Stéphanie Empain wéi och dem Josée Lorsché Merci fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport. Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Biancalana. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue (déi gréng) |** Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als President vun der Justizkommissioun soen ech dann och Merci dem Mataarbechter aus dem Ministère, deen ech elo net hei nominell nennen, fir déi immens vill Aarbecht, déi en hat, a fir déi Aféierung, déi en eis ginn huet sengerzäit an dat Ganzt, an déi ganz Technizitéit vun deem Dossier hei a wat et alles u virstellbaren an onvirstellbare Waffe gëtt a wéi komplex déi ganz Situatioun ass. En ausdréckleche Merci dofir.

Da wëll ech och nach der Ersatzrapportrice Merci soen. Déi huet zwar eng Waff gebraucht, déi mer haut net verbidden, dat ass déi vun der Ironie. Déi deet och net wéi. Déi gehéiert och ënnert d'Kategorie vun der Meenungsfräiheet, ...

*(Interruption)*

... grad wéi d'Diplomatie och eng Method ass, wou ee ka Verschiddenes soen duerch d'Blumm, och wann et e weíneg méi pickeg ass!

*(Interruption)*

Ech schwätzen elo als Spriecher fir déi gréng an ech verrieden dann - ech huelen elo deen drëtten Zenario an eiser Fraktioun fir haut, ech zéien deen drëtten Joker -, ech ersetzen dann de François Benoy, ...

*(Hilarité)*

... deen och covidbedéngt de Mëtteg net kann hei sinn. An, wéi gesot, den zweeten Zenario war deen, dass ech sollt de Rapportier spillen. Bon, mir si flexibel a mir passen eis un. Voilà.

Elo zu deem, wat de François Benoy als Spriecher vun deene Gréngen wollt soen: Op der Welt zirkuléieren iwwer eng Milliard Feierwaffen - dat ass vun der Schwäizer Organisatioun Small Arms Survey, eng Schwäizer Organisatioun, wéi gesot. De Gros dovun - an ech stelle wierklech gären de Kader hei hier vun esou engem Waffegesetz - de Gros dovun, 85 % sinn a privater Hand, dat sinn 857 Milliounen Waffen. 13 % vun de Waffen allgemeng sinn an der Hand vum Militär a just 2 % bei de Forces de l'ordre.

Da kënn nach derbäi, dass mer an enger Dynamik sinn: D'Zuel vu Waffen a privatem Besëtz geet kontinuierlech an d'Luucht fir de Moment. Zu Lëtzebuerg si beim Justizministère eppes iwwer 82.000 zivill Feierwaffe registréiert - 82.249 op de 15. Juli 2021 -, 82.000 Waffen, Feierwaffe par rapport zu 20.000, 25.000 Leit, déi beträff sinn. An dat hu mer och an de Consultatiounen gemierkt, déi mer alleguerten haten, dass et munch Leit gëtt, déi vill Waffen hunn als Sammler respektiv duerch dat, wat se als Ierwen elo hunn a wat hir Elteren oder Monnen an Tattae gesammelt haten.

Mir hunn also eng Situatioun, déi och op den Zweete Weltkrich zrëckgeet a wou d'Collectionneuren hei wierklech - dat hu mer jo dunnech erfuer, wéi mer dat Gesetz hei op de Leescht geholl hunn - och eng ganz staark emotional Verbindung domadder haten. A fir de Moment hu vill Famille Suergen, well se dat elo geierft hunn, a se si méi oder manner konform mat deem

aktuelle Gesetz, wat net de Port d'armes ugeet, de Waffeschäin, mee deen, fir Waffen ze halen. Duerfir ass et wichteg, dass mer dëst Gesetz maachen.

Wéi gesot, 82.000 zivill Feierwaffen, dat sinn der 12 op 100 Leit! Domat si mer net bei de Spëtzerreider an Europa, mee et ass awer eng anstänneg Zuel. Fir all dës Waffen, déi sech op eisem Territoire befannen, gëtt mat dësem Gesetz, wéi gesot, méi e strenge Kader geschaaft, fir eng maximal Sécherheet ze garantéieren an ze verhënneren, dass all déi vill Waffen ongewollt a falsch Hänn respektiv kriminell Circuite geroden, beispillsweis duerch en Abroch a schlecht ofgeséichert Haiser oder aleng steeënd Familjenhaiser, déi an der Ierfschaft sinn.

A wat passéiere kann, wa Waffen a falsch Hänn kommen, dat wësse mer alleguer, d'Rapportrice huet et gesot. Bei den Attentater vum 13. November 2015 zu Paräis sinn 130 Leit ëmbruecht ginn an et goufen der 400 blesséiert. Dës an aner brutal Terrorattacken op Ziviliste waren de Grond, den Ausléiser fir d'Ausschaffe vun dëser Direktiv. De Laurent Mosar huet drop higewisen, wéi laang se prett ass a wéi laang mer leider dru gedoktert hunn, fir se ëmsetzen.

Wéi gesot, et war dat den Ausléiser, fir déi Direktiv an Ugrëff ze huelen. An dofir huet den deemolege Justizminister, de Félix Braz, sech bei der Verhandlung vun der Direktiv, déi mer haut ëmsetzen, och fir e strenge Kader staark gemaach, a méi wéi deen, dee schlisslelech an der Direktiv zrëckbehalte gi war. Also, wann ech gelift, och e weíneg den historesche Kontext: Mir haten Attentater zu Paräis, eng Brutalitéit sonnergläichen! An et ass an deem Zesammenhang, wou och de Félix Braz déi Direktiv matausgehandelt huet, op Demande hi vun de franséischen Autoritéiten.

D'Zil war an ass d'Sécherheet vun der Populatioun an de Risiko, dee vu Waffen a privater Hand ausgeet, nach méi kleng ze kréien, well wou Waffen existéieren, gëtt et ëmmer e Risiko.

Och wann d'Approche vun der maximaler Sécherheet, déi am urspréngleche Gesetzesprojet ugeduecht war, en cours de route geschwächt ginn ass, haaptsächlech am Staatsrot modifizéiert ginn ass, sou ass et fir déi gréng en essentiell Gesetz, wat mer haut stëmmen. Mir adaptéieren, Dir hutt et schonn héieren, d'Sécherheetsnorme fir de Besëtz, den Transport, d'Handhabung an och de legalen Handel - deen illegalen, dat ass ëmmer eng aner Saach, fir deen an de Grëff ze kréien.

Nieft de Mesuren aus der Direktiv profitéiere mer vun der Geleeënheet, fir eng ganz Rëtsch Erfahrungswärter, déi sech an der bal 40-järeger Praxis mam aktuellen Waffengesetz erausgeschield hunn, mat an dat neit Gesetz ze iwwerhuelen. Dat heescht „Direktiv plus“ an net méi wéi d'Direktiv!

Mir begrëssen ausdrécklech de Contrôle de dangerosité, also d'Enquête administrative fir sécherzestellen, dass vum Requerant vum Permis oder vum Agreement keng Gefor ausgeet. Et gëtt d'Méiglechkeet geschaaft, de Port oder d'Détention d'armes zäitweileng ze suspendéieren, wann d'Konditioun vum Erhalen net méi gi sinn oder wann déi Persoun a schlechter gesondheetlecher Verfassung ass, wat sech kann änneren. A wat och op eng Zouaarbecht vun den Associatiounen, déi am Fong Waffe benotzen ... déi hunn eis dat alleguerte selwer gesot, dass si bei hire Memberen där Leit hunn, wou se am Fong och léiwer hätten, mir géifen déi Moosnam aféieren, well da wäre si och aus der Suerg eraus, dass se bei deene Membere just op hire gudder Wëlle mussen zielen.

De Fichier, dee beim Justizministère d'Waffebesëtzer repertoriéiert, gëtt un d'Exigencé vun der Direktiv ugepasst esouwéi och un den RGPD.



D'Attestation médicale, déi bei enger Demande fir e Permis oder Agreement virgeluecht gi muss, dokumentéiert, dass d'Persoun keng Gefor fir sech selwer an och fir anerer ass. „Fir sech selwer“, dat ass och immens oft aus Familljekreeser an aus der laangjäregger Erfahrung gesot ginn, also: „Wéi kann ech derfir suergen, dass meng Léifste sech näischt undi mat deene Waffen, déi se doheem hunn?“ Bei all Erneuerung vun engem Agreement/Permis muss eng nei Attestatioun virgeluecht ginn.

Wat d'Armurieren an hir Mataarbechter ugeet, ënnerleie si och elo dem Agreement vum Justizministère mat klore Krittären. D'Saach vun de Léierjongen a -meedercher ass jo och gekläert ginn. Am Regëster vun den Armurieren ass all Waff festgehalen, déi ukaf gëtt wéi och verkaf gëtt. Mir musse wëssen, dass en Armurier net just e Verkeefer ass, mee ech kann och bei den Armurier mat menge Waffe goen an him se ubidden, fir dass e se weiderverkeeft. Dat ass eis och net esou bewosst gewiescht an och net jiddwereengem, mengen ech, heibannen esou kloer. Et gëtt dann e ganze Sécherheetskatalog gemaach fir de korrekte Stockage vun de Waffe beim Armurier. Ech mengen, de Guy Arendt ass dorobber agaangen.

Wat wichteg ass a wou mer dann och nogebessert hunn opgrond vun deem, wat eis zougedroe ginn ass, sinn d'Sécherheetsbestëmmunge fir den Transport: D'Waff dierf net geluede sinn, dat schéngt mer selbstverständlech ze sinn, an d'Waff an d'Munitioun mussen esou agepaakt ginn, dass net vu bausse schonn erkennbar ass, ëm wat et sech handelt. Do kann ech mech erënneren, dass et an den Diskussiounen och eng Suerg vun der Polizei war, dass Waffen zum Beispill net um hënneschte Sëtz transportéiert dierfe ginn, well se jo dann net wëssen: Ass et elo e Collectionneur? Ass et e Sportschützen? Oder eng geféierlech Persoun? D'Waff dierf also net prett sinn, fir dermat ze schéissen, an den Transport muss sech um kierzte Wee maachen - net nach laang Ëmweeër an Etappen dertëscht.

Da gëtt et, wéi et och schonn ugedeit ginn ass vu menge Virriedner, eng Promillgrenz. Wann ee mat der Waff eppes mécht, dierf en net iwwer 0,5 Promill hunn. Mir hunn eis hei ganz kloer d'Reegel ginn, an dat war och fir jiddwereen evident, och an den Associatiounen, dass dat, wat am Code de la route gëllt, och fir d'Benotzen oder d'Handhabung vu Waffe gëllt.

Dat neit Waffegesetz, wat mer haut stëmmen, ass, wéi gesot, fir ons Gréng e wichteg Gesetz, well mir e besseren a méi strenge Kader schafen, fir méi Sécherheet ze garantéieren an ze verhënneren, dass Waffen a falsch Hänn kommen.

An deem Sënn ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen natierlech der Ersatrapportrice an dem Stéphanie Empain als Rapportrice vun deem ganze Projet de loi hei e grouse Merci. An Iech merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Margue. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup (ADR)** | Merci, Här President. A merci och der Rapportrice hei vum mëndleche Rapport an och dann dem Stéphanie Empain fir de ganz kompletten a gudden schrëftleche Rapport.

Den 13. November 2015 gouf et zu Paräis ganz bluddeg, islamistesche motivéiert Attentater. Ënner anere meng gouben deemools an der Concertshal Bataclan 89 Leit ëmbruecht. D'Terroristen hunn deemools mat Kalaschnikow-Maschinengewier an d'Leit geschoss. Weider gouben och Handgranate benotzt a spéider hu si sech selwer an d'Luucht gesprengt.

D'Attentater vu Paräis hunn eng Zäsur bedeit, e Paradigmewissel, wat d'Brutalitéit an och d'Komplexitéit vun der Organisatioun vun esou Attentater ugeet. Do ass dann drop reagéiert ginn an an der EU gouf doropshin am Joer 2017 eng Direktiv erausginn, déi de Waffebesëtzer vun den Awunner aus de Memberstaate sollt aschränken.

Viru véier Méint elo huet d'EU-Kommissioun dann och beschloss, fir de Lëtzebuurger Staat virum Gerichtshaff vun der Europäescher Unioun ze verkloen. Dëst, well d'Direktiv hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer net ëmgesat gi war. Mat dësem Gesetz elo haut soll dann endlech d'EU-Richtlinn vun 2017 an national Legislatioun ëmgesat ginn.

Firwat déi Verzögerung? Firwat déi Klo? Do gëtt et eng Partie Grënn. An een ass awer sécher, dass hei entscheet ginn ass, méi wäit ze goe wéi d'Richtlinn selwer, spréich fir ze profitéieren, fir dat Waffegesetz, wat mer hate vun 1983, nei ze schreiwen, fir et dann och e bësse méi restriktiv ze maachen.

An do kann ee sech an deem Kontext awer froen, ob et wierklech néideg ass - an dat mengen ech och allgemeng, ech mengen, dat geschitt awer oft -, dass mer, wa mer hei Direktive sollen ëmsetzen, da probéieren, ëmmer nach eng dropzesetzen, obwuel dat net onbedéngt misst sinn. An hei hätt ee kënne sécherlech méi schnell handeln an dann nach méi spéit d'Waffegesetz am grouse Ganzen iwwerschaffen.

De Fakt, dass dësen Delai depasséiert ginn ass, féiert dann elo zu enger Partie Problemer fir déi Leit, also fir d'Waffebesëtzer. An dat sinn déi, déi tëscht 2017 an 2021 Waffe kaf hunn aus der Kategorie Waffen, déi awer elo retroaktiv mat dësem Gesetz vun haut op den 13. Juni 2017 souzesoen illegal ginn. Déi Leit wäerten déi dann net hale kënnen an dat ass dach awer eppes, wat mech e bësse stéiert, well déi Leit, déi hu jo awer zwëscht 2017 an haut déi Waffe legal kënne kafen a besëtzen a benotzen. An elo, duerch e Gesetz, wat elo gestëmmt gëtt, also retroaktiv, gi mer deene Leit dat Recht also ewechhuelen a si mussen déi Waffen ofginn.

Ech sinn net Jurist, dat ass da warscheinlech och méiglech, mee ech fannen et net glécklech. An ech géif et begrëssen, wa mer dat net esou géife maachen an déi Leit déi Saachen och da kéinten halen. Et stellt sech och d'Fro, ob déi Leit - ech weess et net - dann entschiedegt ginn an deem Fall, wou se dann esou eng Waff kaf hunn an de leschte véier Joer a se elo duerch dëst neit Gesetz net méi dierfen halen.

D'Gesetz ass awer och mat Verspéidung komm, well et vill verännert ginn ass an och, muss ee soen, ganz vill verbessert ginn ass; an dat ass hei scho vun de Virriedner gesot ginn. Ursprénglech waren nach vill méi streng Restriktiounen virgesinn. Dat war de Projet vum Här Braz. An ech mengen, och duerch déi nei Ministesch, duerch d'Avis vum Staatsrot, awer och duerch déi gutt Aarbecht an der Kommissioun konnt een hei op e bessere Wee goen, ëmdecken. An et kann een haut ausdrécklech begrëssen, dass d'Gesetz elo daitlech besser ginn ass an dass et eeben net méi esou restriktiv ass.

An deem Kontext wëll ech och deenen Associatiounen, Veräiner a Federatiounen Merci soen, déi sech vill Méi ginn hunn a sech vill Gedanke gemaach hunn an Avis gemaach hunn, déi dann och zu engem groussen Deel hei an dat Gesetz matagefloss sinn.

Et bleiwen awer nach eng Partie Froen, nieft där Geschicht, wat mat deene Waffe geschitt, déi déi lescht fënnef Joer kaf gi sinn an elo net méi dierfe gehale ginn. An ech wëll der zwou hei opwerfen. Dat Éischt ass, dass d'Waffenhändler, d'Armurieren elo e Regëster mat den Donnéeë féiere mussen - wann ech

mech net ieren 30 Joer laang -, wou sech da Froe stellen iwwert den Dateschutz, wou sech och Froe stellen iwwert de Méiopwand vun Aarbecht, dee mer deene Leit do zoomudden. An do ass d'Fro och gestallt gi vum Här Mosar, an ech ka mech deem uschlëssen, ob et do net besser gewiescht wär, iergendwéi en Zentralregëster anzeféieren an déi Leit domadder ze entlaaschten.

En zweete Punkt, deen och schonn hei opgeworf ginn ass, an dee schéngt mer awer och ganz pertinent ze sinn, dat ass déi Fro mam Pefferspray. Effektiv gëtt hei de Pefferspray quasi gläichgestallt, jo, mat enger geféierlecher illegaler Schosswaff. An hei am Gesetzestext stinn dräi bis aacht Joer Prisong op dem Besëtzer vu Pefferspray. An do ass dann effektiv e groussen - wéi soll ech soen? -, e risegen Ënnerscheed, deen net méi gesond ass, par rapport zu de verschiddenen Nopeschlänner, wéi Däitschland, wou de Pefferspray fräi am Verkaf ze fannen ass a wou een dann och kann iwwert d'Grenz fueren. An dat hunn och eng ganz Partie Lëtzebuurger gemaach. Mir kennen der bestëmmt alleguerten, déi Pefferspray hunn, aus wat fir engem Grund och ëmmer, fir sech ze hëllefen am Fall vun engem Iwwerfall, oder et sinn der, ech kenne Leit, déi huele Pefferspray mat, wa se an de Bësch jogge ginn, eventuell well se Angscht hunn, vun engem fräilafenden Hond kënnen ugegraff ze ginn. Do gëtt et jo verschidde Méiglechkeeten. Déi Leit ginn also elo de Risiko an, dass se do relativ héije Strofen ausgesat sinn.

An och wann een net onbedéngt wëll op de Wee goe vun enger Legaliséierung vum Pefferspray, sou muss een dach awer soen, dass dat heiten net méi an engem gesonde Mooss ass.

Natierlech gëtt et och eng ganz Partie Saachen hei am Gesetz ze begrëssen. Et sinn der vill genannt ginn. Ech ginn elo net op alles nach eng Kéier an, déi Zäit hunn ech och souwisou net, mee ech mengen, et ass evident, dass eppes gemaach gëtt an dass weider Moosnamen ergraff gi fir ze verhënneren, dass Krimineller, potenziell Gewalttäter an Terroristen Zougang zu Schosswaffe kréien. Dat geschitt hei mam Gesetz. Dat ass dann och e gudden Punkt.

Et ass och aliichtend, dass d'Benotze vu Waffen ënner Alkoholafloss respektiv och Drogenafloss verbuede gëtt. Och dat, ech mengen, do schwätzt de gesonde Mënscheverstand!

Zum Schluss wëll ech soen, dass mir als ADR d'Waffebesëtzer, d'Jeeër, d'Sportler, d'Sammler ënnerstëtzen an hirer Fräizäitbeschäftegung an dass et och gutt ass, dass si där kënnen nogoen. An ech mengen soen ze kënnen, dass d'Waffebesëtzer hei am Land och keng Ramboe sinn, mee gewëssenhaft Bierger, sou wéi déi meescht Leit hei am Land.

Mir wäerten dësem Gesetz elo net zoustëmmen, mir wäerten awer och net dergéint stëmmen - il y a du pour, il y a du contre -, mir wäerten eis bei dësem Gesetz enthalten. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Keup. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Här President, all Waff, déi op dëser Welt ausserhalb vun den Hänn vun enger Police zirkuléiert, ass eng Waff ze vill.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | O mei!

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Jo, Dir kënnt Iech opreegen. Ech perséinlech hunn och eng déif ofstoussend ...

(Interruption)

... Haltung géint iwwer Waffen, grad Schoss Waffen.





**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Typesch Pirat.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo. Dir kënnt Iech nach ëmmer opreegen, Här Kartheiser, mee eis Positioun zu de Waffenen ass ganz kloer an dofir äusseren ech déi och. Fir eis Piraten ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | D'Séisswaasser- ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... ass haut vu virera kloer, dass mir d'Reegelen ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här Di Bartolomeo, elo huelen ech gläich d'Kanoun vum Schëff erof. Passt op!

(Hilarité)

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo, et kann ee jo ëmmer Pirategecker maachen an alles. Ech weess just net, ob et bei engem seriösem Thema wéi Waffenen, wou et jo awer em Liewen an Doud ka goen, ëmmer ubruecht ass, grad do Piratewitzer an déi Richtung ze maachen. Also fir mech ass d'Thema vun de Waffenen, grad wa jo awer trotzdeem ... Et si jo awer och Leit, déi Ugehéireger duerch Waffe verluer hunn. Vläch ass dat Thema dann awer ze seriö, fir do ëmmer ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo, dann hätt Der vläch en aneren Numm kennen huelen, well Piraten, ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Nee, Här Di Bartolomeo!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | ... dat sinn awer ganz komesch Gesellen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Nee, Här Di Bartolomeo! Ech fannen dat doten net ganz korrekt, wa mer iwwer Waffe schwätzen, dass Dir hei de Geck macht mat iergendengem Numm ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo, a wat maachen d'Piraten dann?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ma Dir kënnt Iech nach ëmmer drun halen!

(Brouhaha et hilarité)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, wien huet d'Wuert?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech weess net ... ech weess jo net, firwat dass d'LSAP dat doten ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Goergen schwätzt zum Gesetz!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... elo esou op déi liicht Schëller hëlt, ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Nee, mir huele guer näischt op déi liicht Schëller, ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... wa mer iwwer Waffe schwätzen! Also ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | ... mir hunn eppes géint Piraten! Net géint d'Partei, mee géint Piraten.

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Goergen, loosst Iech net vum Här Di Bartolomeo duerchernebréngen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo.

**M. Fernand Etgen**, Président | Kommt zu Ären Ausféierungen zum Gesetz.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech fueren och elo weider, well d'Thema ass ze seriö, fir doriwwer de Geck ze maachen.

(Brouhaha)

Fir eis Piraten ass haut vu virera kloer: D'Reegele fir d'Hale vu Waffe muss kloer besser encadréiert ginn. Mir soen awer och oppen, dass dëst Gesetz an déi

domadder verbonnen Direktiv net wäit genuch ginn, well vill ze vill gouf verännert, jo, leider verwässert, esou wéi och d'Piraten an och déi gréng am EU-Parlament dat geäussert hunn an et och hinnen net wäit genuch gaangen ass.

An, jo, et ass och dem deemolege Justizminister Félix Braz net wäit genuch gaangen, deen am EU-Rot géint dës Direktiv gestëmmt huet an duerno an engem „Tageblatt“-Artikel sot, et wär e faule Kompromëss gewiescht, d'Waffelobby hätt dës Direktiv verwässert. An de Mann spigelt do ganz meng Meenung erëm.

Vun der Waffelobby an hiren Unhänger héiert een oft d'Behauptung, dass et net Schosswaffe sinn, déi aner Leit ëmbréngen, mee dass et Leit sinn, déi aner Leit ëmbréngen. Natierlech kann een och do e Kichemeser, e Baseballschläier oder en Auto als Waff géint anerer benotzen, mee d'Argument vu Waffesympathisanten ass trotzdeem falsch. Éischtens ginn d'Schosswaffe virun allem zu engem Zweck gebaut: fir Leit ze verletzen oder ëmzebréngen. Ofgesi vu Sport a Sammlungen ass de Sënn vun enger Schosswaff, aner Liewewiesen dout ze maachen. Schosswaffe sinn an éischter Linn Instrumenter vun Doud a Muecht.

Zweetens hu Schosswaffen och en onfaire Virdeel fir deen, dee se am Grapp huet. Hei dréckt een op den Ofzuch. De Projektil flitt op dat gewieltent Zil, fäerdeg, ouni Kierperkontakt, ouni e perséinleche Risiko mussen anzegoen, einfach, jo, leider effizient an awer och kalbiddeg.

Et gouf am Ufank vun dësem Gesetzesprojet vill Lobbyaarbecht geleescht. Duerno gouf et vill Reklamatiounen vusaite vun de Waffebesëtzer. Mir verstinn, dass eng Rei Mënschen aus verschiddene Grënn Waffe besëtzen, sief et fir de Sport oder als historesch Gedenkstéck zum Beispill. Et ass allerdéngs falsch ze mengen, dass ee mat enger aler Waff vun 1960 oder aus dem Zweete Weltkrich kee Schued méi urriicht kéint. Dofir ass den Notzen, deen e Sammler huet, wann en eng Waff net neutraliséiert, am Verglach mat de Risike vun enger Schosswaff net ze rechtfertegen. All Waff, déi net gebraucht gëtt, muss an eisen Aen neutraliséiert ginn. An och bei deene puer Ausnamen, déi zum Beispill d'Jeeër oder d'Sportler betreffen, misst an eisen Aen esou restriktiv wéi nëmme méiglech virgaange ginn.

Meng perséinlech Meenung ass och: Keng Persoun sollt doheem eng wierklech geféierlech Schosswaff leien hunn, och net, wa se aus engem vun de Weltkricher ass. Dofir hate mir an der Kommissioun och deemools d'Propos gemaach, dass, wa Persounen esou vill um historiches Wäert vun hirer Waff läit, si an deem Fall d'Waff un e Musée kéinte ginn, dee sech em eng sécher Lagerung këmmert a wou soss keng Persoun géif drukommen.

Fir de legale Stock vu funktionéierende Waffenen esou gutt wéi méiglech am Grëff ze hunn, féiert u sech kee Wee laanscht eng Zentraliséierung. Firwat zum Beispill net en zentraliséierte Stock beim Staat fir de Jeeër oder Sportler ariichten, wou d'Waffe virun all Juegd muss gelagert ginn a wou da kloer e Logbuch gefouert gëtt, wéini wéi eng Persoun dës Waff geholl huet a fir wéi en Zweck. Dat géif d'Zirkulatioun vun de Waffenen nach eng kéier däitlech méi aschränken an dofir d'Sécherheet erhéien. Well dat heite si keng Spillsaachen, et sinn, wéi ech scho sot, Instrumenter vun Doud.

An och wa mir begrëssen, dass an Zukunft fix Reegele beim Alkohol- a Medikamentekonsum beim Gebrauch vu Waffe gëllen, esou wier et trotzdeem besser, wa schonn am Viraus géif méi kontrolléiert ginn. Mir hu bekanntlech schonn oft op d'Kontrollen op der Juegd opmierksam gemaach, dass bei der

Ofgab vun de Waffe schonn am Viraus misst kontrolléiert ginn. Well och wann eng Persoun d'Konditiounen erfëllt, fir de Waffeschäin ze kréien, kann et nach ëmmer duerch e Feeler virkommen, dass eng aner Persoun d'Waff an de Grapp ka kréien oder trotzdeem vläch mol e Béier ze vill gedronk gëtt. Gutt wier och, wann eng mobil Ekip géif reegelméisseg Stéchprouwe maachen op Evenementer, wou Waffenen am Asaz sinn, betreffend Alkohol, Medikamenter, Drogen a Pabeieren.

Natierlech besteet donieft ëmmer nach de Problem mat de Schosswaffen, déi illegal hei an d'Land kommen sinn. Et ass kloer, dass dës Gesetzesprojet net dozou bäidrëit, fir dës Waffenen allgemeng aus dem Land ze kréien. D'terroristesche Utschlei aus de leschte Jore si virun allem mat dësen illegale Waffe duerchgefouert ginn, déi um Schwaarmaart kaf gi sinn. Kee Gesetz - an dat muss een éierlech soen - kann zu 100 % verhinne, dass net iwwer iergendeng Grenz oder iergenden 3D-Drocker (veuillez lire: dass net awer iwwer iergendeng Grenz Waffenen illegal an d'Land kommen oder iwwer iergenden 3D-Drocker) hei am Land eng funktionéierend Schosswaff hiergestallt ka ginn, déi a kengem Regëster optaucht.

Wat kënne mer maachen, fir déi illegal Waffenen zu Lëtzebuerg an an Europa besser ze reguléieren? D'UN-Konventioun géint d'Hierstellung an den illegalen Handel mat Waffenen ass sécherlech e klengen, awer e wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung, mee wäert nach laang net duergoen, fir dës Problematik an de Grëff ze kréien. Well maache mer ons näischt vir: Soulaang verschidde Länner, dorënner och EU-Länner, Sue mat der Waffenindustrie verdéngen, kënne mer de Risiko net verklengeren.

Wie vun illegale Waffe schwätzt, muss dofir och emol kucken, wou dës Waffenen hierkommen. Mir Piraten géifen eis och wënschen, dass d'Waffenindustrie hei ausgebremst géif ginn an dass keng Waffe méi an Drëttlänner ausserhalb vun der EU dierften exportéiert ginn. Mee déi Iddi bleift warscheinlech e Wunsch, well souguer op EU-Niveau sinn d'Majoritéitspolitiker jo mëttlerweil der Meenung, dass d'EU dierf Waffenen un Drëttstaaten ausliwweren. Dat ass an eisen Aen net verantwortungsvoll. Mir sollten net drop setzen, méi Waffenen an d'Welt ze setzen, mee genau am Contraire, manner Waffenen! Wat dëst Gesetz haut ugeet, sou ass dat emol e klengen Schrëtt an déi richteg Richtung, mee et ass nach vill ze maachen.

Zum Schluss nach eng Umierkung zu der Tax, déi d'Waffebesëtzer elo mussen bezuelen, fir hir Waff vum der Police neutraliséieren ze loossen. Hei hätte mer eis gewënscht, dass op d'mannst de Staat d'Käschten iwwerhëlt, well mer vun de Leit schliisslech en Effort verlaangen, an dass si net selwer dofir bezuele mussen.

Mir Piraten hunn eis laang iwwerluecht - an et war an der Kommissioun beim Rapport nach en Nee -, dass mer bei dësem Gesetz mussen ofweien, wéi eng Ännerunge kommen a wéi eng Ännerunge mer gärgat hätten. Ech mengen, et ass ganz oppen, dass mir als Piraten léiwer den Entwurf vum Félix Braz haut hei gestëmmt hätten, ...

**Une voix** | O!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... ouni déi Verwässerung an déi Lobbyaarbecht.

Jo, Dir kënnt de Kapp rëselen. Ech war an der Kommissioun. Ech hu matkritt, dass et d'DP an d'CSV waren, déi déi meescht Kritik un deem Gesetz bruecht hunn, wéi deemools de Félix Braz et erabruucht huet. Also dat ...

**M. Guy Arendt** (DP) | An zu Recht! ...





**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dir, d'DP fënnt dat vläicht zu Recht, dass Dir et verwässert hutt. Mir Piraten hunn eng aner Positioun. Mir fannen net, ...

*(Interruptions par M. Guy Arendt et Mme Simone Beissel)*

Nee! Ech kann Iech dat soen, Här Arendt: Mir fannen net, dass ee Kanner mat 11 Joer un enger Waff soll trainéieren!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | An dat hutt Dir erofgesat! Eng DP ass higaangen - et stoung 14 Joer do! -, d'DP huet Lobbyarbecht gemaach, dass mer d'Kanner, déi mer sollen an de Fussball schécken oder iergenden anere Sport ... Awer net Waffen, mat 11 Joer! An da sot Dir hei, dat wär richtig!

*(Interruption par Mme Simone Beissel)*

Jo. Do komme mer net beieneen. Also d'Piraten stinn net derfir, dass eis Kanner sollen an engem jonken Alter ...

*(Interruptions)*

Dir kënnt Iech opreegen. Ech hunn Iech jo just erläut-  
tert, ...

**Une voix** | Wat féiert Dir op?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, wien huet d'Wuert?

**Mme Simone Beissel** (DP) | Dir sidd weltfriem mat Ären Aussoen!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Goergen, Är Riedezäit ass eriwuer.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Gelift?

*(Brouhaha et interruptions)*

Ech sinn nach ëmmer am Lauschteren, wat d'DP sech opreegt. Also ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Wann ech dat do géif maachen, Här President, géif ech vernaamt ginn.

*(Exclamations)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Goergen, hutt Der näischt méi ze soen, nee?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Nee, ech wollt eigentlech soen, ...

*(Brouhaha)*

... dass mer an der Ofweigung waren. Ech wollt eigentlech soen, wat mer haut stëmmen, dass mer an der Ofweigung waren tëscht der Variant vum Félix Braz deemools an deem, wat elo erauskomm ass, dass mer léiwer d'Variant vum Félix Braz gehat hätten, mee et haut awer zumindest kleng Verbesserung sinn a mer dëst Gesetz dofir haut wäerte matstëmmen, och wa mer eis gewünscht hätten, dass déi ursprénglech Variant bäibehale gi wär.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bon, merci fir d'Diskussioun. Merci all deenen, déi vun doheem aus geschafft hunn, deenen, déi hei agespronge sinn - si erkenne sech.

Ech wollt awer virop eppes lassginn, well dat elo hei e bëssen esou déi Debätt ëmzingelt huet, an hei awer

och e puer Leit a Schutz huelen, déi net hei sinn, fir sech kënnen ze verteidigen.

De Félix Braz hat d'Ambitioun, hei e Waffentext virzeleeën, deen esou e grouss Schutz wéi nëmme méiglech géif bidden. An ech fannen net, dass een em dat därfer verkennen. Dat ass deen éischte Punkt. Hien huet op europäeschem Niveau verhandelt. An an der Ursprongspropos war déi och vill méi streng wéi dat, wat herno dobäi erauskomm ass. Well den Ursprung vun där ganzer Diskussioun ... An dat erkläert och - ech weess net méi, wien dat gesot huet, fir den historesche Kontext nach eng Kéier ze soen -, firwat déi Demarche, déi Dynamik och nach ëmmer beim Félix herno esou war: Dat war eng aner! Déi war an deem ganze Kontext a Frankräich - dat ass schonn e puermol hei ernimmt ginn - vu Bataclan et cetera, wou wierklech d'Volontéit do war fir ze soen: „Mir musse manner Waffen an eiser Populatioun hunn.“ An de Marc Goergen huet elo grad och nach richtig gesot: „Mir wëssen awer och, dass dat net eleng iwwert de legale Wee geet, mee dass natierlech och ganz vill Waffen op illegale Weeër ënnerwee sinn.“

An hien huet du probéiert, déi Iddien, déi hien an de Verhandlungen vertrueden huet, hei an den Text ze faassen. An ech kann och net gëlle loosse, dass et en execrabelen - oder ech weess net méi, wéi d'Terminologie war -, e schlechten Text war. Et ass en Text, deen immens komplex ass - dat hu mer jo och an eisen Diskussiounen an der Kommissioun gemierkt - a wou de Staatsrot och Oppositione gemaach huet, notament op prinzipielle Froen - ech wäert nach dorop agoen -, déi eebe maachen, dass ech den Text hu missen iwwerschaffen. Ech hat guer net de Choix! Ech hunn e missen iwwerschaffen an op verschiddene Punkten eeben ofschwächen, well do notament och vum Droit de propriété rieds gaange war.

Op anere Punkten huet et mer ageliicht, notament wat d'Sportsfederatioun gesot hunn. Dat war och net d'DP, déi gemengt huet, et misst een op eeel Joer erofgoen, dat waren d'Federatiounen, mat deenen ech och eng Entrevue hat, déi mer erkläert hunn, dass et wichteg wär, wann een dee Sport weilt uerdentlech maachen, d'Kanner dann eeben ab deem Alter erunzekréien. Dat ass jo och alles encadréiert. Dat ass jo net e Kand, wat do eleng mat enger Waff hantéiert. Sou därfer ee sech dat och net virstellen.

Ech fannen et och net wierklech opportun, wa mer elo hei ee mam Fanger op deen anere weisen. Et ass extreem vill an der Kommissioun hei geschafft ginn. Ech soen Iech all Merci fir Är wäertvoll Contributiounen. En Deel dovun konnte mer iwwerhuelen, an Deel net. Mee Desgesamt geet et hei ëm zwou Saachen, oder dräi Saachen: Mir wëllen dem Waffengebrauch zu Lëtzebuerg e wierklech protecteur Kader ginn, dass d'Waffe kënne benotzt gi fir déi Fäll, wou et an der Gesellschaft erlaabt ass, sief et fir de Sport, sief et fir d'Juegd, sief et d'Kollektioun vu Waffen; mir wëllten och déi ganz Pratique administrative, déi mer elo säit 1983 hunn, wou dat aalt Gesetz a Kraaft war, an den Text materabrëngen, an dann ass et natierlech d'Transpositioun vun der Direktiv.

Ech sinn och méi wéi onglécklech driwwer, dass mer elo esou spéit hei mat deem Gesetz kommen, dat heescht, dass mer schonn e ganz béise Fanger gewise krute vun der Europäescher Kommissioun. Mee et ass jo erkläert ginn, den Text ass och relativ spéit deposéiert ginn, soudass dat eigentlech onëmgängelech war, do e Retard ze kréien.

Vläicht e puer formal Observatiounen: Et goug jo eigentlech drëm, eng Direktiv vun 2017 ëmzesetzen, déi déi initial Waffendirektiv vun 1991 ofgeännert huet. A well déi Direktiv vun 1991 awer schonn e

puermol ofgeännert gi war, huet d'EU am Mäerz 2021 eng sougenannt Codification à droit constant vun der Direktiv vun 1991 gemaach. Dat heescht, d'Numérotatioun vun den Artikelen ass nei gemaach ginn, ouni awer eppes um Reeglungsinhalt vun der Direktiv ze änneren. Well et awer trotzdeem juristesches gesinn eng nei Direktiv ass, setze mer dann elo eeben déi Direktiv vum 24. Mäerz 2021 ëm an net méi d'Direktiv vun 2017.

Zum Inhalt vun der Direktiv. Ech hunn Iech scho gesot an de Kader ass elo e puermol ugeklongen, wéi dat Ganzt entstanden ass: eeben duerch déi Attentater, déi zu Paräis waren. An et geet am Fond drëm, dass mer zwou aschneidende Mesuren, déi d'Konklusioun vun deenen Attentater waren, hei Rechnung droen.

Eng Rei Waffen, déi besonnesch fir Terroristen interessant sinn, sinn nei verbuede ginn. Dat sinn déi automatesch Waffen, déi an hallefautomatesch Waffen transforméiert kënne ginn, hallefautomatesch Waffe mat enger grousser Schosskapacitéit ouni mussen nozelueden an hallefautomatesch Waffen, déi duerch e Klappmechanismus gutt kënne verkleinert a verstoppt ginn. Dës Waffe ginn am Artikel 2 Kategorie A.6 bis A.9 vum Projet de loi dann och hei zu Lëtzebuerg nei verbuede.

Well déi Waffen awer bis dohinner legal ze kréie waren, gesäit d'Direktiv och transitoiresch Mesurë vir. Dat ass och schonn ugeklongen. Déi nei verbuede Waffen, déi virum Stéchdatum vum 13. Juni 2017, also och virum Délai de transposition vun der Direktiv, legal an der Zirkulatioun waren, kënnen ënner strenge Konditiounen och weider an der Zirkulatioun bleiwen. Dat ass den Artikel 10 Paragraph 5 vun der Direktiv. Den initiale Projet de loi hat dann eebe virgesinn, dass, anescht wéi an der Direktiv, déi Waffen hätten alleguer missen hei bei der Police ofgi ginn.

Bei deem Stéchdatum vum 13. Juni 2017 kann ee sech awer direkt eng Fro stellen, an déi ass scho gestallt ginn hei virdu, notament vum Här Mosar: Wéi ass et da mat deenen nei verbuedene Waffen, déi nom 13. Juni 2017, mee virum der Entrée en vigueur vun dësem Gesetz an déi legal Zirkulatioun komm sinn? Bon, engersäits war et dem Waffeservice juristesches net méiglech, fir d'Umeldung vun deene Waffen ze refuséieren, well d'Waffegesetz vun 1983 déi nach net als verbuede Waff virgesinn huet. Anerersäits ass et awer kloer, dass déi nei verbuede Waffen no der Entrée en vigueur vum neie Gesetz net kënnen an der Zirkulatioun bleiwen, well mer soss d'EU-Direktiv net richtig ëmsetzen.

Mir sinn awer net dat eenzeg Land, wat sech déi Fro huet misse stellen, well, wéi ech et scho gesot hunn, ass de Stéchdatum 2017 gewiescht. Déi belsch Cour constitutionnelle huet sech mat der Fro befaasst. Duerfir hunn ech virdu mam Kapp gewonk, wéi Der zu Är Konklusioun komm sidd. Den Arrêt heescht Défense active des amateurs d'armes ASBL, vum 25. Mäerz zejoert. An deen huet kloer jugéiert, dass deen Datum prezis an der Direktiv steet, effentlech gewosst war duerch d'Publikatioun vun der Direktiv am Journal officiel, mee natierlech och doduerch, dass déi Informatioun an de Medien zirkuléiert ass. An déi Fakte sinn der belscher Cour duergaangen, fir och eng Question préjudicielle un d'Europäesch Cour hei ze refuséieren. Fir déi Waffe gëtt et also keng transitoiresch Reegelung an déi Waffe mussen d'Waffebesëtzer bei der Police ofginn! Dat ass op alle Fall eis Analys vun der Situatioun.

D'Ëmsetzung vun der EU-Waffendirektiv war awer net déi eenzeg Erausforderung an dësem Dossier. An do kommen och op déi Remark zrëck, déi den Här Mosar



virtru gemaach huet, wou gesot ginn ass, et wier besser, d'Direktive just esou ëmzesetzen, wéi et an der Direktiv steet. Dat hänkt natierlech och vun den Direktiven of, heiansdo si jo och do Variatiounen méiglech. Mee hei ass et och dréms gaangen - an Dir hutt jo och déi viregt Reform ugeschwat, déi amorcéiert gi war -, fir eeben déi administrativ Praxis, déi sech op Basis vum Gesetz vun 1983 developpéiert hat, wierklech gesetzmässig uerdentlech ze encadréieren. Dir hutt och vum Dateschutz geschwat an esou weider. Dat heescht, dat sinn alles Froen, déi mer hu misse reegelen a wou et dann och wichteg war, se ze reegelen. An dat huet natierlech elo d'Saach nach méi komplizéiert gemaach.

A virun allem ass do een Dossier - an dat ass jo och en Dossier, deem Iech gutt bekannt ass -, dee vun der Vérification d'honorabilité, deem ech awer an deem heite Kontext esou wichteg fanne wéi, mengen ech, a kengem anere Kontext. Dat heescht, mir musse ganz genau kucken, ob déi Leit, deene mir zougestinn, eng Waff ze hunn, vun hirem Passé an och vun hirem Gesondheet hier à même sinn, fir eng Waff ze hunn an net doduerger dann eng Gefor fir d'Gesellschaft duerstellen.

Dat waren all d'Aspekter, déi eeben dozou gefouert hunn, fir dee Projet de loi ze féieren: dat heescht, een deem d'EU-Reegele respektéiert a propper ëmsetzt, deem d'effentlech Sécherheet zu Lëtzebuerg weiderhin assuréiert, den Dateschutz an d'Privatsphär vu Persounen respektéiert, derfir suert, dass de Waffeservice am Justizministère och weiderhin déi néideg Informatiounen kritt, fir seng Aarbecht ze maachen, an dee fir Transparenz a Rechtssécherheet suert, an dat ouni elo déi global Approche - well dat war ëmmer d'Volontéit hei - an deem Dossier vum aktuelle Waffengesetz komplett op d'Kopp ze geheien.

Bon, ech ginn awer elo nach op eng Opposition formelle an, eebe vum Staatsrot. Dat war déi vun der Atteinte à la propriété privée. Am Sënn vum Artikel 16 vun eiser Verfassung, dem Artikel 1 vum éischte Protokoll zur Mënscherechtskonvention an dem Artikel 17 vun der EU-Charta iwwert d'Grundrechter huet de Staatsrot sech formell opposéiert gehat zu där obligatorescher Neutraliséierung vun deenen nei verbuedene Waffen an och zu der obligatorescher Remise vun deenen nei verbuedene Waffen un de Staat, wa se net neutraliséiert sinn. Dës Opposition formelle erkläert dann och, firwat mer dat hu misse ofschärfen. Mir hunn do nach eng Tentative gemaach - d'Josée Lorsché war virun am Detail dorobber agaangen -, soudass mer et eeben elo do op deem Punkt wierklech hu misse ofschwächen, wann ee sou wëll.

Dann nach e Punkt zu der Vérification d'honorabilité, well eis dat och an der Justizkommissioun nach deem nächst beschäftege wäert. Do gëtt et och méttlerweile e ganze Projet de loi zu där Fro, déi net nëmmen de Waffentext betrëfft, mee all d'Honorabilitéiten, déi vum Justizministère gemaach ginn. An do ass et jo esou, dass mer dee Sujet transversal wëllen ugoen. Och hei hu mer probéiert, eeben den Equilibre ze halen tëschent engersäits weiderhin déi néideg Informatiounen kréie vu Parquet a Police an anersäits awer och Konditiounen a Restriktiounen virgesinn, fir eeben d'Daten an d'Privatsphär ze schützen.

Ech ginn nach vläicht op e puer Punkten an, déi elo opgeworf goufe vun Iech alleguerten. Fir d'éischt emol: Et muss ee wierklech trennen tëschent dem Fichier, deem de Justizministère huet an deem eigentlech de Regëster ass vun de Waffebesëtzer mat hire respektive Waffen - do hu mer d'Obligatioun vun der Direktiv, fir déi Donnéeën 30 Joer ze halen - an dann dem Händler, deem och e Regëster huet. Dat ass den Artikel 21.

(Interruption)

D'Fro vun der Successioun war opgeworf ginn. Déi ass och am Gesetz gereegelt als Motiv fir d'Autorisation de détention, am Artikel 35. Natierlech ass et esou: Wann een an där Situatioun ass, da muss ee sech just eebe beim Waffeservice mellen an da kann dat gereegelt ginn.

Den Transport vu Waffen an Nopeschlänner ass am Artikel 31 gereegelt. An och do hu mer eis op d'Direktiv baséiert. An och bei der Informatioun iwwert d'Transferten, wéi déi weiderginn, hu mer eis misse op Basis vun den internationalen Donnéeën eng legal Basis ginn.

Ech kann Iech leider, Här Biancalana, net soen, wat d'Altersmoyenne vun de Waffebesëtzer ass, well dat elo näischt ass, wat mer d'office als pertinent Donnée gesinn, fir d'Statistiken ze zéien.

Zu den Infraktiounen: Do krut ech kierlech eng Question parlementaire a sinn amgaangen, déi ze beäntweren. Mir hunn Infraktiounen, déi géint d'Waffegesetz verstoussen. Dat heescht awer elo net, dass et sech onbedéngt ëm eng Waff am traditionelle Sënn handelt an deene Statistiken. Dat kann och eng Schéier oder e Biesemstill sinn. Do gouf et zejoert insgesamt 25 Condamnatiounen, mee déi Jore virun awer bedeitend manner, ëmmer esou ëm déi véier, fënnef, sechs. Firwat elo déi Hausse d'lescht Joer ass, dat kann ech Iech elo net esou aus dem Stand erklären. Mee op alle Fall sinn dat d'Zuelen.

Dann nach eng lescht Remark zum Pefferspray. Also alles, bei deem ee seet: „Dat ass eppes, wat ech fir mäin eegene Schutz ka benotzen“, dat ass och eppes, dat ee ka benotzen, fir en aneren ze aggresséieren. An et gëtt genuch Fäll, zum Beispill bei Vergewaltigungen, an deenen den Täter eebe mat Pefferspray säin Affer immobiliséiert huet an eebe gemaach huet, dass säin Affer sech net konnt wieren. Dat rechtfertegt awer och, wéi mer hei an deem doten Dossier virginn.

Voilà. Pour le reste soen ech Iech all Merci. Ech weess, dat war en däregen Dossier, un deem mer laang Stonne geschafft hunn. A mir wäerten nach deem een oder deen anere Punkt - notament Dateschutz, Honorabilitéit - weider hei traitéieren.

An ech gesinn, den Här Mosar huet nach eng Fro.

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Mosar, wannech gelift.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo. Merci der Madamm Tanson fir déi ganz vill Explikatiounen. Ech wollt awer nach eng Kéier op zwee Punkten agoen, fir och do ganz kloer ze sinn, notament wat den Dateschutz betrëfft. Ech hunn à aucun moment gesot, mir sollten do Dispositiounen net ëmsetzen. Ech hu just gesot, mir hätten en Avis vun der CNPD virleien, dee kritesch wier - ech mengen, do sidd Der mat mir d'accord -, deen notament op déi Thematik vun der Honorabilitéit higewisen huet an eng Proposition gemaach huet, déi ech a priori net schlecht fannen.

Et kann een ëmmer driwwer diskutéieren. Dora soe se: „Wär et net méi einfach, amplat do en Accès op de Fichier vun deenen Donnéeën vun der Honorabilitéit ze maachen, datt de Procureur, sou wéi dat an der Belsch de Fall ass, en Avis géif maachen?“ Nach eng Kéier: Ech soen net, datt dat elo d'Allheilmittel ass. Zumindest soll ee sech awer eng Kéier driwwer ënnerhalen, well mir musse jo awer wëssen a mir sinn eis alleguerten eens: Mir wëlle jo elo net erëm hei an déi ganz Diskussioun vun de Casieren/Fichiere kommen.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Ma dat ass jo net ...

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Mir wëllen déi Feeler evitéieren.

D'ailleurs maachen ech elo eng generell Remark, Madamm Justizminister, well mer generell de Problem e bësse mat deem RGPD kréien. Mir kommen ëmmer méi oft a Konflikt mat deem RGPD. Wann ech elo nëmmen kucken, zum Beispill bei deene ville Covidmesuren, déi mer zu Recht huelen: Mat deene Lëschten, déi do mussen opgestallt ginn, si mer ëmmer erëm ganz neelech un enger Violatioun vum RGPDs-Gesetz. A mir gesinn och bei anere Gesetzer, notament dem Blanchiment, mir gesinn et elo beim FATCA-Accord, datt mer ëmmer méi oft esou eng Aart Konflikter hunn zwëschent dem RGPD an aneren Texter.

Ech weess, datt et net ëmmer ganz einfach ass, dat ze interpretéieren. Ech wollt Iech just eng Kéier soen, well hei si mer erëm e bëssen an engem änleche Fall: Et ass wichteg, datt mer hei e gutt Gesetz kréien, wat de Waffenhandel betrëfft an och d'Waffendetentioun. Op där anerer Säit hu mer awer och Obligatiounen, wat den Dateschutz betrëfft, an et muss ee kucken, datt een do laanschteneekënt.

Dann awer déi zweet Fro, wou ech wierklech net ganz mat Iech averstane sinn. Ech sinn awer elo frou, well Dir hutt de Kapp virtru gerëselt an dunn hunn ech gemengt, ech hätt eppes Falsches gesot. Ech hunn awer näischt Falsches gesot. Dat berouegt mech emol schon.

(Hilarité)

Et geet ëm déi Iwwergangsbestëmmungen. An do muss ech Iech awer elo soen, nach eng Kéier, et ass vläicht juristesch ...

(Brouhaha)

... relativ komplizéiert, ...

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Är Kollege lauschten Iech net no, Här Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo! Haaptsaach, Dir lauscht mer no.

(Hilarité)

Et geet ëm ...

(Interruption par M. Emile Eicher)

... déi Waffen - nach eng Kéier -, déi vun deem Moment un, wou d'Direktiv a Kraaft getrueden ass, an déi, wou elo haut d'Gesetz gestëmmt ginn ass, vu Leit kaf gi sinn. An do sot Dir: „Jo, do gëtt et en Arrêt vun der Cour constitutionnelle.“ Moi, je veux bien ! Ech wëll awer hei nach eng Kéier op zwee grouss Droitsprinzippien zrëckkommen, déi Dir och kennt. Deen een ass d'Retroaktivitéit vun de Gesetzer. Hei gëtt also eng Retroaktivitéit agefouert. Dat heescht, mir ginn elo zrëck op 2017, fir ze appreciéieren, ob en Datum vun enger Waff legal oder net legal ass.

An zweetens, an dat ass awer nach en Argument, dat ech awer eng Kéier wëllt virbréngen: Hei spillt och de Prinzip vum „Nemo auditur propriam turpitudinem allegans“. Firwat? Hei huet de Ministère de la Justice ...

(Interruption)

... déi Waffen autoriséiert. Expressement autoriséiert! An dat ouni Reserv. Ouni Reserv! An elo kréien déi Leit da gesot: „A, déi Waffen, déi sinn net méi legal. Déi musst Der ofginn.“ Ech hu wierklech do e Problem mat der Interpretatioun.

Duerfir nach eng Kéier - Dir sidd eng exzellent Juristin, Madamm Justizministeresch -, ...





**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | O! Haut ass mäin Dag!

(Hilarité)

**M. Laurent Mosar** (CSV) | ... ech mengen, mir müssen wierklech kucken, ...

(Brouhaha)

... ob mer do bei den Iwwergangsbestëmmungen net awer eng Léisung fannen, déi awer pragmatesch ass. Merci.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Merci, Här Mosar. De Problem ass deen, dass mir deen Datum jo net erfionnt hunn.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Ok, bon ...

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Dat heescht - an dat war jo och de Belsch hire Problem -, dat ass den Datum, deen aus der Direktiv decouléiert. An ech fannen et interessant, dass Der op där enger Säit op d'Belsch verweist, an op där anerer Säit, wann d'belsch Cour constitutionnelle eppes seet, dann ass dat dann awer net esou vill wäert, oder wéi?

Ech hoffe jo, dass mer elo hei net vill Litigë kréien. Et ass jo net, wéi wann net vill an deem Milieu iwwert dat dote geschwat gi wär - dat hu mer jo virdrun och héieren -, mee mir sinn eis bewosst, dass et e Punkt ass, iwwert deen nach kann diskutéiert ginn. Mee mir sinn d'Hänn gebonnen. Ech kann net eppes aneres elo hei an den Text schreiwen, wéi dat, wat an der Direktiv virgesinn ass.

An zu der Honorabilitéit, Dir sot do esou: „Jo, mir wëlle jo net eng nei Affär ‚xy‘ schafen.“ Ech mengen net, dass dat de Problem hei ass! Natierlech kann een driwwer diskutéieren, wéi eng Autoritéit déi ass, déi d'Evaluatioun mécht. Mir kënnen déi Diskussioun och gär am Kader vun deem generellen Honorabilitéits-text maachen an da kënnst Der gär de Parquet froen, wéi hiren Avis dozou ass, ob si dat solle maachen oder net.

Mee mir hunn hei e legale Kader geschaf an d'Konditiounen geschaf, wéi wat ka gefrot ginn. A mir sinn hei net am Flou juridique. Dat heescht, mir respektéieren awer hei schonn déi Konditiounen, déi mer musse respektéieren. Duerfir: Mir hu jo elo decidéiert, ... also Dir decidéiert elo gläich, dass mer eng Evaluatioun heivunner maachen. A virun allem wäerte mer déi méi generell Diskussioun iwwert d'Honorabilitéit nach féieren. A wéi ëmmer kënnen mer nach spannend Diskussiounen hunn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Justizministesch.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Ier mer zum Vott kommen, wëll ech nach eng Kéier drun erënneren, dass ee sech op sengem Poste muss aloggen, fir mat kënnen ofestëmmen.

(Brouhaha)

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7425. Den Text steet am Document parlementaire 7425<sup>15</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7425 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7425 ass mat 56 Jo-Stëmmen bei 4 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent*

*Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Dan Biancalana), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7428. Den Text steet am Document parlementaire 7428<sup>4</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7428 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi 7428 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Laurent Mosar) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm.

**Une voix** | Nee, d'Motioun!

**M. Fernand Etgen**, Président | Déi nächst Sitzung ass fir de 25. virgesinn.

(Interruptions)

Mir haten an der Conférence des Présidents decidéiert, datt mer iwwert déi Motiounen, déi net zu engem Gesetzesprojet gehéieren, net an där Sitzung géifen ofstëmmen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Déi ass nach zum Projet, Här President!

(Brouhaha)

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Et ass fir d'Evaluatioun vun dësem Gesetz.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Gelift?

**Une voix** | D'Madamm Lorsché ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Et ass, fir dat heite Gesetz an dräi Joer nach eng Kéier ze kucken.

**M. Fernand Etgen**, Président | A, et ass eng vun de Waffen nach. Ech hat déi net gesinn, du war ech net hei.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, ...

**Une voix** | Wannechgelift!

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... et ass net, well d'Piraten eppes soen, datt et emol direkt Nee ass an ofgewierbelt gëtt.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech fille mech haut wierklech ...

**Plusieurs voix** | O!

**Une voix** | Esou war et net.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech fannen et awer ...

(Interruptions)

Ech wëll dat elo awer hei nach eng Kéier wierklech soen: Ech hunn dat virdu ganz speziell fonnt! Ech hu virdrun den Här Kartheiser ënnerbrach an de President huet mech zu Recht zurechtgewisen. Gläichzäiteg stoung virdu mäi Kolleeg, de Marc Goergen, um Riednerpult, ...

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) | Jo.

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... en ass vu riets a vu lénks ënnerbrach ginn, ...

**Plusieurs voix** | O!

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) | Virun allem vu lénks ënnerbrach.

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... vun deenen ënnerschiddlechste Parteien, ...

(Brouhaha)

... an dat Eenzezt, wat de President dozou gesot huet, war: „Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.“ En huet net d'Leit nominativ fir de PV erwänt, fir hinnen ze soen, si solle roueg sinn.

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) | An et ass ëmmer esou.

**M. Sven Clement** (Piraten) | An et ass awer eppes, dat ëmmer erëmkënnst.

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) | Jo.





**M. Sven Clement** (Piraten) | An elo war et esou, datt de President eng Motioun vergiess huet, déi hei - vun der Majoritéit en plus - deposéiert gouf, da si mir nach déi, déi drop hiweisen, datt se soll gestëmmt ginn an da kréie mir gesot: „Här Clement, mir hunn eppes an der Conférence des Présidents decidéiert“, als wär ech net do derbäi gewiescht! Här President, ech war derbäi! Ech erënnere mech drun. An ech fuerderen hei nëmmen, datt mer gläichbehandelt ginn!

*(Brouhaha et interruptions)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement, fir déi Prezisioun.

*(Brouhaha)*

Ech entschëllege mech, datt ech déi Motioun vergiess hat, datt ech déi iwwersinn hat, well ech dee Moment net heibanne war.

## Motion 1

An ech si frou, datt mer elo kënnen iwwert déi Motioun Nummer 1, déi vun der Madamm Lorsché deposéiert ginn ass, befannen. Wëllt nach een d'Wuert zu där Motioun ergräifen?

*(Négation)*

Dat ass net de Fall. Da kënnen mer iwwert déi Motioun ofstëmmen.

## Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmen fänkt un. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmegeg uegeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Octavie Modert), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Domat si mer dann awer elo um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass fir de 25. Januar virgesinn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 17.34 heures.)*

# Questions au Gouvernement

## Sommaire

| Objet                                                                                                  | N°   | Auteur                                     | Page | Objet                                                                                                              | N°   | Auteur                        | Page |
|--------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|--------------------------------------------|------|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|-------------------------------|------|
| Personnes transgenres dans le sport                                                                    | 5760 | Jeff Engelen                               | 65   | Instituteurs spécialisés dans la scolarisation des enfants à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (I-EBS) | 6113 | Martine Hansen, Max Hengel    | 73   |
| Conformité du service « Google Analytics » au Règlement général sur la protection des données          | 5762 | Marc Hansen                                | 66   | Secteur de l'imprimerie                                                                                            | 6116 | Fred Keup                     | 74   |
| Projet de logement au centre de Pétange                                                                | 5766 | Marc Goergen                               | 67   | Aides à la presse                                                                                                  | 6117 | Fred Keup                     | 74   |
| Matériel du CGDIS                                                                                      | 5785 | Jeff Engelen                               | 67   | Congé pour raisons familiales                                                                                      | 6120 | Max Hengel, Marc Spautz       | 75   |
| Passages à gibier                                                                                      | 5790 | Simone Asselborn-Bintz, Carlo Weber        | 67   | Engagement de collaborateurs                                                                                       | 6121 | Marc Spautz                   | 75   |
| Évolution des importations et exportations de céréales                                                 | 5835 | André Bauler                               | 68   | Télétravail des frontaliers venant d'Allemagne                                                                     | 6124 | Josée Lorsché                 | 75   |
| Utilisation des voitures de service par les membres du Gouvernement                                    | 6028 | Marc Goergen                               | 68   | Remboursement de la psychothérapie                                                                                 | 6125 | Sven Clement                  | 76   |
| Canaux de communication utilisés par les communes                                                      | 6071 | Fred Keup                                  | 68   | Système de réservation pour le transport CAPABS                                                                    | 6126 | Martine Hansen, Max Hengel    | 76   |
| Cellule de compétence pour la conception curriculaire de la formation professionnelle                  | 6074 | Fred Keup                                  | 69   | Piste cyclable PC22 entre Diekirch et Vianden                                                                      | 6130 | André Bauler                  | 78   |
| Taux d'échec dans le cadre de la formation dans l'artisanat                                            | 6075 | Fred Keup                                  | 70   | Carrières des enseignants                                                                                          | 6132 | Martine Hansen                | 78   |
| Enfants à besoins spécifiques                                                                          | 6089 | Mars Di Bartolomeo, Simone Asselborn-Bintz | 70   | PNM 2035 - Plan national de mobilité                                                                               | 6133 | Jeff Engelen                  | 78   |
| Promotion des biocarburants                                                                            | 6090 | Fred Keup, Jeff Engelen                    | 71   | Incendies de voitures                                                                                              | 6136 | Fred Keup, Jeff Engelen       | 79   |
| Sensibilisation des nouveaux entrants sur le marché de l'emploi                                        | 6093 | Djuna Bernard, Charles Margue              | 71   | Conseil supérieur de la santé et de la sécurité au travail                                                         | 6141 | André Bauler, Carole Hartmann | 80   |
| Procréation médicalement assistée                                                                      | 6098 | Fernand Kartheiser                         | 72   | Regroupement familial                                                                                              | 6142 | Paul Galles                   | 80   |
| Aide financière pour les apprentis dans le cadre de la hausse des prix                                 | 6099 | Martine Hansen                             | 72   | Construction d'une usine de nanotubes de graphène                                                                  | 6144 | Laurent Mosar                 | 81   |
| Promotion de la géothermie                                                                             | 6111 | Jeff Engelen                               | 72   | Conclusions tirées des épreuves standardisées                                                                      | 6145 | Martine Hansen                | 81   |
| Aides pour des entreprises de pays en voie de développement dans le cadre de la transition énergétique | 6112 | Roy Reding                                 | 73   | Maladies transmises par des tiques                                                                                 | 6147 | Gusti Graas                   | 81   |
|                                                                                                        |      |                                            |      | Dispositif visant la lutte contre le hémage de longue durée introduit par la loi du 20 juillet 2017                | 6150 | Myriam Cecchetti              | 82   |





|                                                                                                                       |      |                                          |    |                                                                                                               |      |                               |    |
|-----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|------------------------------------------|----|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|-------------------------------|----|
| Conditions de logement insuffisantes                                                                                  | 6152 | Nathalie Oberweis                        | 82 | Demandes d'autorisation d'exercer par des médecins                                                            | 6193 | Mars Di Bartolomeo            | 90 |
| Traitements médicaux non appropriés                                                                                   | 6153 | Jeff Engelen                             | 83 | Campagne de sensibilisation en matière de l'offre d'eau du robinet par les entreprises du secteur de l'Horeca | 6195 | Myriam Cecchetti              | 90 |
| Évolution du nombre total des usagers des transports publics                                                          | 6155 | André Bauler, Max Hahn                   | 83 | Centres d'incendie et de secours (CIS) et « Service ambulancier » au nord de la capitale                      | 6199 | Jessie Thill                  | 91 |
| Surpeuplement du tram aux heures de pointe                                                                            | 6157 | Max Hahn                                 | 83 | Avertissements aux cyclistes                                                                                  | 6200 | Sven Clement                  | 92 |
| Initiatives de demande d'organisation d'un référendum sur la Constitution                                             | 6160 | Fernand Kartheiser                       | 84 | Récent arrêt de la Cour administrative                                                                        | 6201 | Léon Gloden                   | 92 |
| « NohaltegkeetsCheck fir Entreprises »                                                                                | 6161 | Diane Adehm                              | 84 | Accréditation d'établissements d'enseignement supérieur privés luxembourgeois                                 | 6202 | Martine Hansen                | 92 |
| « Drive Pilot »                                                                                                       | 6163 | Max Hahn                                 | 84 | Autorisation de séjour pour investisseur                                                                      | 6203 | Roy Reding                    | 93 |
| Délais d'inscription dans le cadre de l'organisation d'un référendum                                                  | 6166 | Fernand Kartheiser                       | 84 | Sécurité du personnel dans les maisons communales                                                             | 6206 | Marc Goergen                  | 94 |
| Incidence des isolements sur le déroulement de l'examen de fin d'études secondaires                                   | 6169 | Josée Lorsché                            | 85 | Censure d'un artiste russe                                                                                    | 6219 | Fernand Kartheiser            | 94 |
| Accord de principe entre l'Union européenne et les États-Unis visant à permettre des échanges de données personnelles | 6170 | Mars Di Bartolomeo                       | 85 | Comptes bancaires des dénommés « Américains accidentels »                                                     | 6228 | Laurent Mosar, Viviane Reding | 94 |
| Cannabis médical                                                                                                      | 6171 | Sven Clement                             | 85 | CGDIS zone Nord                                                                                               | 6229 | André Bauler                  | 95 |
| Phagothérapie                                                                                                         | 6172 | Marc Hansen                              | 86 | Projet de construction au centre de Walferdange                                                               | 6231 | Marc Goergen                  | 95 |
| Lutte contre les infections nosocomiales dans les hôpitaux                                                            | 6173 | Marc Hansen                              | 86 | Fermeture du bureau d'information de l'armée                                                                  | 6232 | Gusty Graas, André Bauler     | 95 |
| Avoirs gelés suite aux sanctions à l'égard d'oligarques russes                                                        | 6175 | François Benoy                           | 86 | Limitation de vitesse sur la route nationale E421                                                             | 6233 | Jeff Engelen                  | 95 |
| Manifestation le 30 avril 2022 à la place de Paris                                                                    | 6176 | Fernand Kartheiser, Roy Reding           | 86 | Variole du singe                                                                                              | 6234 | Nancy Arendt épouse Kemp      | 96 |
| Intérêt de la société pour l'énergie photovoltaïque                                                                   | 6178 | Jessie Thill                             | 87 | Délais de remboursement longs par la CNS                                                                      | 6239 | Mars Di Bartolomeo            | 96 |
| Lutte contre la pédopornographie                                                                                      | 6182 | Nancy Arendt épouse Kemp, Viviane Reding | 87 | Digitalisation de la justice                                                                                  | 6241 | Diane Adehm                   | 97 |
| Affaire « Gaardenhaischen »                                                                                           | 6184 | Fernand Kartheiser                       | 87 | Déclaration d'intérêts des membres du Gouvernement                                                            | 6251 | Marc Goergen                  | 97 |
| Embargo sur l'énergie russe                                                                                           | 6185 | Fred Keup                                | 88 | Réserves de sang                                                                                              | 6258 | Martine Hansen                | 97 |
| Port des masques dans les avions                                                                                      | 6186 | Serge Wilmes                             | 88 | Contrats avec la société RSS-Hydro                                                                            | 6266 | Sven Clement                  | 98 |
| Chiffres clés de l'emploi dans la fonction publique de l'État                                                         | 6187 | Stéphanie Empain, Chantal Gary           | 88 | Licenciement suite à la pression politique                                                                    | 6267 | Sven Clement                  | 98 |
| Bureaux de poste                                                                                                      | 6189 | Marc Goergen                             | 89 | Sous-variant Omicron BA.5 du virus Covid-19                                                                   | 6306 | Claude Wiseler                | 98 |
| Contournement de Bascharage                                                                                           | 6190 | Simone Asselborn-Bintz                   | 89 | Rapports d'institutions internationales                                                                       | 6359 | Sven Clement                  | 99 |
| Projet d'un parc éolien dans le sud du pays                                                                           | 6191 | Marc Goergen                             | 90 |                                                                                                               |      |                               |    |

#### Personnes transgenres dans le sport | Question 5760 (14/02/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Dat am November 2021 vum IOC publizéiert Dokument iwwer transsexuell Athlete gouf vum IOC selwer als Konzeptpabeier fir déi international Sportverbänn definéiert, woubäi vum IOC Wäerter wéi Fairness, Inclusioun an Netdiskriminierung an d'Spill bruecht goufen. Während bis elo fir Transfraen (also biologesch Männer, déi hiert Geschlecht gewieselt hunn) am Sport kloer Testosteron-Richtwäerter applizéiert goufen, ass am neien IOC-Dokument net méi rieds vun esou Richtwäerter. Et gëtt ennerstrach, datt Transfraen ee Recht op Selbstbestimmung hätten an hinnen dofir, soulaang net fondéiert wëssenschaftlech Beweiser de Géigendeel beweise géifen, net ennerstallt dierft ginn, si hätten een onfaire Virdeel géintwäerter Cisfraen, also biologesch Fraen.

Vill medezinnesch Experten, Wëssenschaftler a Sport-fonctionnairé gesinn dëst IOC-Dokument awer kritesch a betounen, et wier just aus enger Mënscherechts-perspektiv eraus verfaasst ginn, ouni op enger wëssenschaftlecher Basis ze stoën.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Gläichstellungsministesch an un den Här Sportminister:

1. Wéi steet d'Regierung zu den IOC-Richtlinnen? Wäert d'Lëtzebuerger Regierung d'Sportverbänn hei am Land dozou verpflichten oder encouragéieren, dës Richtlinnen ze applizéieren?
2. Geet d'Regierung grondsätzlech dervun aus, datt Transfraen a biologesch Fraen zwou ënnerschiddlech Bevëlkerungsgruppe sinn, an datt duerch déi kierperlech Ënnerscheeder tëscht dëse Bevëlkerungsgruppen zwangsleefeg ee fir d'biologesch Frae faire

Wettbewerbu vu vireran ausgeschloss ass? Wann nee: Mat wéi enge Grënn schléisst d'Regierung aus, datt et zu esou enger Wettbewerbsverzerrung komme kann?

**Réponse commune** (16/03/2022) de **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | **M. Georges Engel**, Ministre des Sports | **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

D'Lëtzebuerger Regierung setzt sech schonn zënter ville Jore fir d'Mënscherechter vun den transgender an intergeschlechtliche Mënschen an. Si huet 2018 den éischten nationalen Aktiounsplang ausgeschafft, fir d'Rechter vun de lesbeschen, schwulen, bisexuellen, transgender an intergeschlechtlichen (LGBTI) Mënschen ze stäerken. Dëse gouf an Zesummenaarbecht mat der Zivilgesellschaft an den nationale Mënscherechtsorganisatiounen ausgeschafft an huet eng global Approche, fir d'Diskriminatiounen géint



LGBTI-Mënschen an de verschiddene Liewensbereiche ze bekämpfen.

D'Regierung gesäit doriwwe eraus am nationalen Aktionsplang fir Gläichstellung vu Fraen a Männer ënnert der Mesure 7.6. vir, d'Égalitéit vun de Geschlechter am Sport ze promovéieren a baséiert sech do ënner anerem op Texter vum Europarat, wéi z. B. d'Recommandatioun iwwert déi integréiert Approche fir d'Gläichstellung vu Fraen a Männer vum 21. Januar 2015.<sup>1</sup> Dës Recommendatioun mécht allerdéngs kee klore Bezuch op déi ugeschwate Problematik.

Transgender Mënschen si Mënschen, déi sech net mat deem Geschlecht identifizéieren, dat si bei der Gebuert zougewise kruten. En Transmann ass e Mann, deen no der Gebuert opgrond vun de gängge Kierperlechen Normen als weiblech ugesi gouf. Eng Transfra ass eng Fra, déi bei der Gebuert opgrond vun de gängge Normen als männlech ugesi gouf. Intergeschlechtlech Mënschen hu Kierpermerkmoler, déi net an déi gängge Norme vu weiblech oder männlech erapassen. Et sinn natierlech Variatiounen vun der Kierperentwécklung, déi scho kënnen bei der Gebuert opfalen oder sech méi spéit an der Entwécklung weisen.

Wat elo den IOC betrëfft, sief virop gesot, dass den IOC, den Internationalen Olympesche Komitee, d'Zentralorgan vun allen nationalen olympesche Komiteen an den internationale Federatiounen duerstellt. No zwee Joer laanger Consultatioun, huet den IOC effektiv de 16. November 2021 säin neien „cadre pour l'équité, l'inclusion et la non-discrimination sur la base de l'identité sexuelle et de l'intersexuation“ virgestallt, deen een Dokument vum IOC aus dem Joer 2015 ersetzt. D'Konzeptdokument, dat am November 2021 vum IOC publizéiert gouf, gëtt Richtlinnen, fir dass d'Mënschechter vun transgender an intergeschlechtliche Mënschen am Kompetitiounssport respektéiert ginn.<sup>2</sup>

Esou ewéi den IOC et selwer schreift, setzt hien als Zentralorgan hei de Kader, am Sënn vun der Chancëgläichheet, der Inklusioun an der Gläichstellung; Wäerter, déi natierlech och d'Regierung ënnertstëtzt. Dës Kader soll et de jeeweilegen internationale Verbänn an och den Organisateure vun internationale Kompetitiounen erlaben, déi respektiv Krittere fir hir spezifesch Sportart festzeleeën. Den IOC ka keng Reglementer imposéieren.

Gemäss dann och der am Sportsgesetz verankerter Autonomie vum Funktionement vun der Lëtzebuerger Sportsbewegung, kann a wäert d'Regierung do de Verbänn keng Verpflichtungen operleeën, wuel wëssend, dass och do, am Prinzip, déi Lëtzebuerger Verbänn vun hiren internationale Verbänn ofhänken.

Generell ënnertstëtzt de Staat, spréich d'Regierung, de Lëtzebuerger Sport beim Erreeche vun sengen Haaptobjektiver, esou ënner anerem d'Erhalen an d'Verbesserung vun der Gesondheet, d'Perséinlechkeitsentwécklung, déi sozial Integratioun, d'Entwécklung vun de soziale Relatiounen an dem Schutz vun der eethescher Basis vum Sport, esou ewéi dëst och am Artikel 1 vum Sportsgesetz virgesinn ass.

**Conformité du service « Google Analytics » au Règlement général sur la protection des données | Question 5762 (14/02/2022) de M. Marc Hansen (déi gréng)**

Le 13 janvier 2022, l'autorité autrichienne de protection des données a jugé que l'utilisation du service

Google Analytics enfreint le Règlement général sur la protection des données (RGPD) européen.<sup>3</sup> Le 10 février 2022, la Commission nationale de l'informatique et des libertés (CNIL) française a emboîté le pas en mettant en demeure un gestionnaire de sites Web qui utilise le service.<sup>4</sup>

Google Analytics est un service d'analyse d'audience de sites Web ou d'applications qui occupe une position de marché dominante.<sup>5</sup> À en croire différents articles de presse, d'autres États membres de l'Union européenne pourraient suivre dans la voie de l'Autriche et de la France suite à la coopération des agences de protection des données dans le cadre du European Data Protection Board, compte tenu également du fait que l'organisation non gouvernementale ayant déposé plainte en Autriche a fait de même dans un grand nombre de pays.

Au Luxembourg, c'est la Commission nationale pour la protection des données (CNPd) qui contrôle l'application du RGPD et des lois nationales en matière de protection des données et veille au respect de ces règles.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Communications et des Médias :

1) Est-ce que la décision des autorités de protection de données autrichienne et française aura une incidence sur le Luxembourg, par exemple via le European Data Protection Board ?

2) La CNPD a-t-elle reçu une plainte similaire à celle déposée en Autriche et dans d'autres pays ?

3) Quelle est la position de la CNPD concernant la conformité au RGPD de Google Analytics ?

4) Quelles seraient les conséquences sur les entreprises et particuliers au Luxembourg si, dans le futur, la CNPD arrivait à la même décision que ses homologues en Autriche et en France ?

**Réponse (15/03/2022) de M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias**

ad 1) La Commission nationale pour la protection des données (ci-après « CNPD ») rappelle que le système de coopération européen entre autorités de contrôle concernées (« mécanisme de guichet unique ») ne s'active pas systématiquement. Une analyse au cas par cas est nécessaire afin de déterminer si un traitement de données à caractère personnel effectué par un responsable de traitement revêt un caractère transfrontalier au sens de l'article 4 (23) du règlement (UE) 2016/679 dit Règlement général sur la protection des données (ci-après « RGPD »). Les réponses fournies par le propriétaire du site Web, les versions linguistiques du site Web et la nature du service fourni par le site Web, par exemple, sont autant d'éléments factuels qui peuvent être pris en compte pour effectuer cette analyse.

Dans le cadre des deux décisions rendues par ses homologues, la CNPD indique que la réclamation sur base de laquelle l'autorité autrichienne a fondé sa décision ne revêt pas de caractère transfrontalier, en revanche, la décision prise par son homologue française concernait un traitement transfrontalier et a été rendue une fois que la procédure de coopération européenne a été mise en œuvre. Au cours de cette procédure, au sens des articles 60 et suivants du RGPD, toutes les autorités concernées par le traitement de données à caractère personnel ont eu l'occasion de

formuler des objections par rapport au projet de décision émis par l'autorité de contrôle française agissant comme l'autorité de contrôle chef de file. Selon les termes de l'article 60 (6) RGPD, lorsqu'aucune des autres autorités de contrôle concernées n'a formulé d'objection à l'égard du projet de décision soumis par l'autorité de contrôle chef de file dans le délai imparti, l'autorité de contrôle chef de file et les autorités de contrôle concernées sont réputées approuver ce projet de décision et sont liées par celui-ci.

Ceci étant, dans le but d'assurer une application cohérente des règles régissant la protection des données à caractère personnel au sein de l'UE, le Comité européen de la protection des données (ci-après « EDPB ») a créé un groupe de travail chargé d'examiner des réclamations similaires reçues par les autorités de protection européennes, dont la CNPD, qui ont été déposées à la suite de l'arrêt rendu par la Cour de justice de l'UE dans l'affaire dite « Schrems II ». Ce groupe de travail analyse les questions qui se posent dans ce cadre et assure une coopération étroite entre les membres de l'EDPB.

La CNPD suit activement le travail de ce groupe de travail. Les résultats des travaux seront utilisés comme lignes directrices sur lesquelles les autorités pourront s'appuyer pour effectuer leur propre évaluation des réclamations dans le cadre des procédures nationales.

ad 2) Jusqu'à ce jour, la CNPD n'a pas encore reçu de réclamation par rapport à l'utilisation de Google Analytics. Elle a toutefois reçu trois réclamations concernant un service d'analyse d'audience de sites Web proposé par une entreprise concurrente. Or, dans chacun de ces trois cas, les responsables de traitement ont cessé d'utiliser ce service.

ad 3) Comme indiqué dans la question 1 ci-dessus, la CNPD suit activement le travail du groupe de travail ad hoc qui a été créé sous l'égide de l'EDPB.

Comme indiqué dans la question 2, jusqu'à ce jour, la CNPD n'a pas encore reçu de réclamations par rapport à l'utilisation de Google Analytics et n'a, pour cette raison, pas encore pris de décision contre des responsables du traitement qui utiliseraient ces services.

De manière générale, en ce qui concerne l'utilisation des services d'analyse d'audience de sites Web, la CNPD suit les recommandations 1/2020 sur les mesures qui complètent les instruments de transfert destinés à garantir le respect du niveau de protection des données à caractère personnel de l'UE, adoptées par l'EDPB. La CNPD a également publié ces recommandations ainsi qu'un document présentant des réponses à certaines questions fréquemment posées (« FAQ ») aux autorités de protection des données sur son site Internet.

ad 4) La CNPD n'est pas en mesure de juger des conséquences qu'une telle décision aurait sur les entreprises au Luxembourg. Elle tient cependant à rappeler qu'il revient à chaque responsable de traitement de respecter les obligations découlant des règles applicables en matière de protection des données, telles qu'interprétées par la Cour de justice de l'UE. Dans l'hypothèse d'une prise de décision par la CNPD concernant les services d'analyse d'audience de sites Web en question, et en particulier concernant les transferts de données dans des pays tiers via ces services, la CNPD serait amenée à évaluer tout élément pertinent, comme par exemple les éventuelles conséquences pour les particuliers et entreprises. Enfin, la CNPD tient à souligner qu'il existe des alternatives à Google Analytics.

<sup>1</sup> [https://search.coe.int/cm/Pages/result\\_details.aspx?ObjectId=09000016805c476b](https://search.coe.int/cm/Pages/result_details.aspx?ObjectId=09000016805c476b)

<sup>2</sup> [https://stillmed.olympics.com/media/Documents/News/2021/11/Cadre-du-CIO-Equité-Inclusion-Non-discrimination-2021.pdf?\\_ga=2.224365337.388657950.1646127798-316466477.1646040665](https://stillmed.olympics.com/media/Documents/News/2021/11/Cadre-du-CIO-Equité-Inclusion-Non-discrimination-2021.pdf?_ga=2.224365337.388657950.1646127798-316466477.1646040665)

<sup>3</sup> [https://www.euractiv.com/section/politics/short\\_news/use-of-google-analytics-violates-eu-law-austrian-authority-rules/](https://www.euractiv.com/section/politics/short_news/use-of-google-analytics-violates-eu-law-austrian-authority-rules/)

<sup>4</sup> <https://www.cnil.fr/fr/utilisation-de-google-analytics-et-transferts-de-donnees-vers-les-etats-unis-la-cnil-met-en-demeure>

<sup>5</sup> [https://w3techs.com/technologies/overview/traffic\\_analysis](https://w3techs.com/technologies/overview/traffic_analysis)



**Projet de logement au centre de Pétange** | Question 5766 (15/02/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Am Pétenger Zentrum, net wäit vum der Gare, läit eng fënnf Hektar grouss Parzell mat der Kadasternummer 1177/8197, déi zënter Joren dem Staat gehéiert. Dës Parzell ass, zesumme mat den Terraine ronderëm, am PAG als Wunnzon klasséiert an se gëtt souguer am Plan directeur sectoriel « logement » als Zone prioritaire d'habitation opgefouert. D'Weiche sinn also geluecht. Ech stellen allerdéngs fest, dass op där Parzell bis haut nach keng eenzeg Wunneng gebaut gouf.

An deem Zusammenhang wëllt ech de Ministere fir Landesplanung a fir Wunnengsbau dës Froe stellen:

1. Zënter wéini gehéiert d'Parzell 1177/8197 zu Péteng dem Domaine de l'État?

2. Wou hänkt de Projet? Firwat hunn op deem fënnf Hektar groussen Areal net scho längst Bauaarbechten ugefaangen?

3. Bis wéini gedenkt d'Regierung déi éischt Wunnengen op dësem Terrain bezuchsfäerdeg ze hunn?

4. Wéi vill Wunnenge kéinten insgesamt op dëser Parzell entstoen?

**Réponse** (16/03/2022) de **M. Henri Kox**, Ministere du Logement

Dësen Terrain vu 5,5 ha ass 2017 vum Staat fir 8,6 Milliounen € vum ArcelorMittal opkaaft ginn, mam Zil, um Site e Quartier mat Wunnengen ze entwéckelen.

Et handelt sech beim Site ëm eng Industriebruch, déi am Moment un d'Gemeng Péteng verlount gëtt.

Aktuell sinn eng Rei Etuden ëmgessat ginn, fir méi prezis de Kontext vum Site ze analyséieren. Dobäi huet sech ënner anerem herausgestallt, dass den Ënnergrond op dëser Plaz onstabil ass an zousätzlech Aarbechten noutwendeg wäerte sinn, fir d'Fondatioun vu de Gebaier ze stabiliséieren.

De Site ass zwar un den CR175 ugebonnen, mee doriwwer eraus momentan schlecht erschloss. De Gabarit vum der Strooss ass vu Pétenger Säit kommend extrem ageschränkt duerch d'Brécken ënnert der Eisebunn, a momentan fir de Schwéierverkéier am beschten iwwert e laangen Ëmwee, vum Nidderkuer kommend, ze erreechen.

Ausserdeem ginn et staatlechsaits Iwwerleeungen, de Stroossereseau och am Raum Péteng/Déifferdeng funktionell ëmzeklasséieren. Doduerch sollen notament d'Haaptachse gestärkt an d'Uertschafte vum Schläichverkéier entlaascht ginn. An deem Kontext wier et méiglech, d'Ubannung vum dësem Site weesentlech ze verbesseren, andeem z. B. déi aktuell Eisebunnënnerféierung duerch méi e groussen Ouvrage géif ersat ginn. Ausserdeem kéint eng bestoend Ubannung un de primäre Stroossereseau westlech vum Site ausgebaut ginn.

Zousätzlech misst eng Héichspannungsstromleitung verluecht ginn, ier de Site kann entwéckelt ginn.

Op dësem Site kéinten à terme a jee no urbanisteschem Projet tëscht 350 à 400 Wunnengen entstoen.

**Matériel du CGDIS** | Question 5785 (21/02/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Beim CGDIS mussen reegelméisseg eenzel Gefierer, Materialien an aner Utensilien weinst Alter a Verschleiß ausrangéiert an ersat ginn.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Banneminister:

1. Wéi geet hei de CGDIS vir, opgeschlësst no den eenzele Kategorien ewéi Gefierer, Materialien an aner Utensilien?

2. Wéi gëtt dat ausrangéiert Material entsuergt?

3. Wäer et net sënnavoll, déi eenzel Schaffutensilien, déi d'Gemengen nach virum Schafe vum CGDIS kaaf haten, am Fall wou se vum CGDIS ausrangéiert ginn, nees zrëck un d'Gemenge ginn?

4. Eenzel Zentere kréien aus Übungszwecker ausrangéiert Autoen zur Verfügung gestallt. Hei ass d'Handhabung awer esou komplizéiert, datt eenzel Zentren dorobber verzichten. Wäer hei net eng méi einfach Handhabung méi sënnavoll? Kënn derbäi, datt ausrangéiert Gefierer nëmme vum enger bestëmmter Firma entsuergt därefer ginn; firwat ass dat esou?

**Réponse** (08/03/2022) de **Mme Taina Boffending**, Ministere de l'Intérieur

De Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) ass en autonomen Établissement public. Deemno intervenéiert d'Inneministesch net am alldeegleche Fonctionnement vum CGDIS, an den Inneministère huet och keng Donnéeën zu deene gestallte Froen.

Grundsätzlech kann een awer soen, datt de CGDIS opgrond vum Artikel 18 vum modifizéierte Gesetz vum 27. März 2018 iwwert d'Organisation vum der ziviller Sécherheet dozou verpflichtet ass, e Plan plurianuel d'investissement opzestellen, an datt de CGDIS als Établissement public de Reegelen vum de Marchés publics ënnerläit.

Iwwert den Artikel 9 vum uewe genannte Gesetz sinn déi sougenannte Biens meubles, also Gefierer a Materialien, an d'Propriétéit vum CGDIS iwwergaangen. Am Virfeld vum dësem Transfert hunn de CGDIS an d'Gemengen zesummen decidéiert, wéi e Material dem CGDIS géif iwwerginn a wéi eent net. De CGDIS, deen elo den neie Propriétaire vum transferéierte Material ass, dierf eleng entscheeden, wat mat deem Material geschitt, wann et emol net méi sollt gebraucht ginn.

Wat d'Benotze vum ausrangéierten Autoen zu Übungszwecker ugeet, ass de CGDIS natierlech och dru gehalen - genee sou wéi dat fir déi verschidden Asazentere virum CGDIS de Fall war -, d'Dispositione vum groussherzogleche Règlement vum 17. März 2003 iwwert d'Véhicules hors d'usage<sup>6</sup> ze respektéieren.

Déi ausrangéiert Gefierer mussen vu Firmen entgéintgehooll ginn, déi vum Ëmweltministère als Point de reprise dozou autoriséiert sinn. Zu Lëtzebuerg gëtt et fir de Moment nëmme eng esou Firma, déi dozou autoriséiert ass<sup>7</sup>.

**Passages à gibier** | Question 5790 (22/02/2022) de **Mme Simone Asselborn-Bintz** | **M. Carlo Weber** (LSAP)

Wa vill gebaut gëtt, muss och dru geduecht ginn, wat fir een Impakt dat op den Déieren hir Déplacementen an der Natur kéint hunn. Am Laf vum leschte Joer hu virun allem zwou Brécke fir d'Mobilitéit vum den Déiere méi Opmierksamkeet kritt. Engersäits d'Wëlbréck, déi iwwert d'A3 geet, anerersäits d'Landschaftsbréck, déi tësche Suessem a Käerjeng geplant ass.

An deem Zusammenhang wëlle mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten dës Froe stellen:

- Wéi vill Wëlbrécke ginn et aktuell am Land?

- Op wéi engem Stroosstyp gi Wëlbrécke gebaut (Autobunn, Nationalstrooss, CR ...)?

- Wat sinn d'Critèren, déi de Bau vum enger Wëlbréck bestëmmen?

- Wat fir Déierenaarten si viséiert, fir am Kader vum der uewe genannten Bréck tëschent dem Bobësch an dem Zaembësch zu Suessem/Käerjeng, zirkuléieren ze kënnen?

- Mécht den Här Minister eng Ënnerscheedung tëscht enger Wëlbréck an enger Landschaftsbréck? A wa jo, wéi eng?

**Réponse** (08/04/2022) de **M. François Bausch**, Ministere de la Mobilité et des Travaux publics

Wéi déi honorabel Deputéierte richteg feststellen, ginn d'Liewensraim vum der wëllliewender Fauna ëmmer méi duerch mënschlech Aktivitéiten ageschränkt. Et kënn ëmmer méi zu enger Verinselung duerch Transportinfrastrukturen, wéi Stroossen oder Schinnen, déi de Wëldwiesel schwéier gestalten. Zanter Jore ginn Etuden iwwert dës Phänomene gemaach, an deenen engersäits déi Verinselung thematiséiert gëtt an anerersäits och sougenannt ekologesch Korridoren definéiert ginn, fir dës Verinselung entgéintzewirken. Esou konnten zum Beispill Korridore fir d'Wëllkaz ausgewise ginn an och entsprechend Couloiren am Plan sectoriel paysage definéiert ginn.

Op Basis vum deenen Iwwerleeungen gi beim Ausschaffe vum Infrastrukturprojekten Iddien opgehooll, fir Bauwierker ze plangen, déi et dem Wëld erméiglechen sech groussraimeg ze beweegen, ouni duerch Stroossen- oder Schinneninfrastrukturen opgehalen ze ginn.

Während der Planung vum dës Bauwierker ginn also Parametere berécksichtegt, déi de jeeweilegen Zilaarten entsprechen. Et ginn engersäits speziell Brécken oder Ënnerféierungen, déi exklusiv als Wëlbréck, Landschaftsbréck oder „pont écologique“ ausgeluecht sinn, woubäi zum Beispill och déi jeeweileg Gestaltung a Beplanung mat an d'Planung aginn. Als Beispill kann een déi zwou bestoend Wëlbrécken op der A1 nennen, den Ouvrage am Gréngwald op der Nordstrooss, d'Wëlbréck, déi op der A3 am Kader vum der Neibaustreck vum der nationaler Eisebunngesellschaft (CFL) gebaut gouf, oder déi aktuell Planunge vum engem Bauwierk op der A3 virum der Grenz. Zousätzlech Planunge lafen op der A13 op zwou Plaze fir Grousswëld, op der A1 mat enger Struktur fir Fliedermais, déi am Kader vum Tram geplant gëtt, oder déi vum den honorabelen Deputéierte schonns ugeschwate Landschaftsbréck iwwert den CR110 tëschent dem Bobësch an dem Zämbësch.

Anerersäits ginn et och Wëlbrécken, déi nach aner zousätzlech Funktiounen kënnen hunn, ewéi zum Beispill iwwert d'A7/N7 nördlech vu Miersch, wou eng weineng befuere Strooss driwwer geet an nach genuch Plaz niewendrun amenagéiert ass, fir d'Wëld iwwert d'Autobunn an d'Nationalstrooss ze féieren. Um Heeschdreeferplateau ass beim Bau vum der Nordstrooss och ee Bauwierk erstallt ginn, wou niift dem Feldwee och eng Sträif mat onbefestegtem Buedem ass, dee vum den Déiere ka benotzt ginn.

Dës gesot, kann een als spezifesch Wëlbrécken aktuell déi fënnf folgend opzielen: A1 Fluessweiler, A1 Buchholz, A7/N7 Rouscht, A7 Réngelbour an A3 Bierchem. Aner Bauwierker, déi och eng ekologesch Funktioun hunn, ginn et der vill méi, mee si schwéier ze quantifizéieren.

Prinzipiell kënnen esou Bauwierker op all Stroossen- a Schinntyp gebaut ginn, wann d'Konditiounen

<sup>6</sup> Règlement grand-ducal du 12 août 2021 modifiant le règlement grand-ducal modifié du 17 mars 2003 relatif aux véhicules hors d'usage

<sup>7</sup> Lien vers le site <https://environnement.public.lu>



dofir gëeegent sinn. D'Critère dozou erginn sech aus dem ökologesche Besoin, deen aus dem Erhale vun der „continuité écologique“ am Respekt zur Flora a Fauna besteet. Zousätzlech gi bei all Planung vun esou Bauwierker Iwwerleeunge bautechnescher Aart bedriwwen, wéi d'Bauwierk projezéiert a geometresch realiséiert ka ginn, ouni een allze groussen Agrëff op d'Natur ze hunn.

Bei der Landschaftsbréck iwwert den CR110 tëscht dem Bobësch an dem Zämerbësch geet et engersäits ëm d'ökologescht Verbanne vun deenen zwee Bëschmassiver, wat een immense Surplus fir déi gesamt Flora a Fauna duerstellt, an anersäits erlaabt dës Landschaftsbréck Insekten a Krabbeldéieren, dorënner also Invertebrata wéi Vertebrata, den Austausch tëscht dem Bobësch an dem Zämerbësch, wat ouni des Verbindung net méiglech wier. Ausserdeem sollen hei och d'Wëllkaz an d'Grousswëld spéider passéiere kënnen.

Wat d'Terminologie vu „Wëldbréck“ a „Landschaftsbréck“ ubelaangt, geet et prinzipiell ëm dat nämleche, nämlech d'Hierstelle vun enger Kontinuitéit fir d'Fauna awer och d'Flora, déi duerch d'Strooss oder d'Schinn zerschnidde gëtt. An deem Sënn sinn déi zwee Terme quasi gläichwäerteg anzestufen.

#### Évolution des importations et exportations de céréales | Question 5835 (01/03/2022) de M. André Bauler (DP)

Il me revient que la crise géopolitique qui nous concerne à l'heure qu'il est aura des effets non négligeables sur l'évolution des prix des céréales, en particulier sur celle du blé.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie et à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Messieurs les Ministres peuvent-ils informer sur l'évolution des importations de céréales en provenance des pays de l'Europe de l'Est non membres de l'Union européenne depuis 2015 (vers l'Union européenne et vers le Luxembourg) ?

2) Messieurs les Ministres peuvent-ils informer sur l'évolution des importations et exportations de céréales par le Luxembourg ? Quels sont les principaux pays acheteurs de blé luxembourgeois ?

3) Pour quel(s) type(s) de céréales le Luxembourg peut-il être qualifié d'autonome en ce qui concerne l'approvisionnement des clients nationaux ?

**Réponse commune (08/04/2022) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

ad 1) Les deux tableaux ci-dessous montrent les importations par le Luxembourg de céréales achetées dans un pays de l'Europe de l'Est hors UE, en poids, ainsi qu'en valeur.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Les deux tableaux ci-après montrent les importations du Luxembourg de céréales produites dans un pays de l'Europe de l'Est hors UE en poids puis en valeur.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Les informations des deux tableaux ci-dessus sont à relativiser étant donné qu'il arrive que dans le recensement de ces données les entreprises ou leurs fiduciaires qui transmettent les données au Statec

assimilent le pays de provenance au pays d'origine et que le pays d'origine peut aussi bien être celui où a eu lieu la production que celui où a eu lieu une transformation substantielle du produit.

Enfin, les deux tableaux ci-dessous montrent les importations dans l'Union européenne de céréales achetées dans un pays de l'Europe de l'Est hors UE, en poids ainsi qu'en valeur.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Il est à noter que ces chiffres concernant les importations fournis par le Statec incluent la part de la marchandise qui est destinée à la réexportation, que ce soit sous forme brute ou comme produit transformé.

ad 2) Les quatre tableaux ci-après réalisés sur base des données disponibles auprès du Statec présentent les importations et exportations de céréales par le Luxembourg, en poids ainsi qu'en valeur.

Les chiffres sur les importations incluent la part de la marchandise qui est destinée à la réexportation, soit sous forme brute, soit comme produit transformé. Concernant les chiffres relatifs à l'export, le Statec précise qu'il n'est pas possible de distinguer entre les céréales de production luxembourgeoise et les céréales qui seraient d'abord importées au Luxembourg, puis réexportées, si tant est que ce second cas de figure existe.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 3) Le taux d'auto-approvisionnement calculé dans le cadre des bilans d'approvisionnement des céréales montre que le Luxembourg peut être qualifié d'autonome pour les types de céréales suivants :

- blé tendre (128,3 % en 2020) ;
- orge (110,1 % en 2020) ;
- triticale (134,8 % pour la campagne 2016-2017) ;
- seigle (160,5 % pour la campagne 2016-2017) ;
- avoine (106,8 % pour la campagne 2016-2017).

Sont prises en compte pour le calcul des bilans d'approvisionnement les céréales non transformées ainsi que les céréales au premier stade de transformation (tel que la farine) converties en équivalent grain à l'aide de coefficients.

Le taux d'auto-approvisionnement se définit comme la part de la production nationale dans l'emploi domestique total d'un produit. L'emploi domestique total correspond à la somme de la production et des importations, déduction faite des exportations et des variations de stock.

#### Utilisation des voitures de service par les membres du Gouvernement | Question 6028 (05/04/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Virum Hannergrond vun der Deierecht vum Diesel, Bensinn a Mazout bezuelen d'Bierger a Biergerinnen aktuell vill méi op der Pompel ewéi och fir Brennes, wéi dës nach virun e puer Méint de Fall war.

Op Basis vun engem Interview zu den Déngschtween vum deemolege Minister Étienne Schneider wollte mir eis mat der parlamentarescher Fro N° 1825 iwwert d'Benotze vun Déngschtween vu Ministere reenseignéieren.

A senger Äntwert huet de Minister op d'Section 9 vum Arrêté grand-ducal modifié du 14 novembre 2014 fixant les règles déontologiques des membres du Gouvernement et leurs devoirs et droits dans l'exercice de la fonction verweisen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Premier-minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill „frais directs encourus lors du déplacement“ hunn d'Ministèren zanter dem Untriede vun hirem Mandat fir privat Trajete mat hiren Déngschtween rembourséiert?

2. Wéi vill „frais directs encourus lors du déplacement“ hunn d'Ministèren zanter dem Untriede vun hirem Mandat fir privat Trajeten am Ausland mat hiren Déngschtween rembourséiert?

**Réponse (20/04/2022) de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État**

D'Benotze vun Déngschtween fir privat Deplacementer duerch d'Regierungsmemberen ass an der Section 9 vum Code de Déontologie vun der Regierung (de modifizéierten Arrêté grand-ducal du 14 novembre 2014 fixant les règles déontologiques des membres du Gouvernement et leurs devoirs et droits dans l'exercice de la fonction), gereegelt.

D'Reegele bezee sech souwuel op de Gebrauch vun den Déngschtween am Inland wéi och am Ausland.

Allerdéngs gesäit den Arrêté am Artikel 23 Paragraf 2 just bei Deplacementer fir privat Zwecker an d'Ausland fir, dass de Regierungsmember fir déi direkt Käschte selwer opkënn.

Och wann esou Deplacementer, wou e Regierungsmember den Déngschtween fir privat Zwecker selwer benotzt, ouni Zweifel d'Ausnam sinn, gëtt dës Reegel säit 2014 esou applizéiert, dass d'Regierungsmembere selwer fir d'Tanken an aner direkt Fraisen, wéi zum Beispill de Peage oder d'Parken op der Plaz, opkommen.

Et gëtt fir esou eng Zort Deplacementer dann och keng Opstellung, well dës Fraisen net musse rembourséiert ginn, mee selwer an direkt vum Regierungsmember gedroe ginn.

#### Canaux de communication utilisés par les communes | Question 6071 (19/04/2022) de M. Fred Keup (ADR)

D'Gemege verfügen iwwert eng ganz Panoplie vu Mediekanäl, fir hir Kommunikatioun mat der Bevëlkerung ze féieren, dorënner den traditionelle Buet, Gadgeten, Flyeren a Broschüren, déi un all Stot verdeelt ginn, Televisiounssendungen, sozial Medien asw.

Dës Dispositiounen bréngen awer besonnesch am Hëllef op d'Gemengen- a Chamberswale vum 11. Juni 2023 an de Chamberswalen am Oktober 2023 eng Rei potenziell Interessese konflikter an e sougenannte „moral hazard“ (eng moralesch Versuchung) mat sech, well de Risiko besteet, datt ëffentlech Ressourcë fir partéipoliteschen Zwecker méissbraucht ginn. Och stellt sech d'Fro, wou genee d'Grenz tëscht enger neutraler Informatioun vun de Bierger a partéipolitescher Propaganda verleeft, zum Beispill wann den Optrëtt an dës Medie systematesch de Schäfferrotsparteie virbehale gëtt a wa systematesch just d'Membere vum Schäfferrot an d'Majoritéit an dës Medie zu Wuert kommen oder op Fotoen ze gesi sinn an d'Oppositionspolitiker quasi ni. Dës bedenklech Tendenz schéngt sech ewell schonn an ëmmer méi Gemengen ze etabléieren.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi opschlésselt, wéi eng ënnerschiddlech Mediekanäl insgesamt vun de Gemege benotzt ginn a wéi oft se virkommen?



2. Sinn d'Verantwortung iwwert déi verschidde Mediekanäl an de Gemenge souwéi d'Richtlinne vun der Form an dem Inhalt duerch d'Gesetz definéiert? Falls jo, kann d'Regierung wannechgelift déi genee legal Basis matdeelen?

3. Ass d'Regierung der Meenung, dass an dëse Mediekanäl eng politesch a parteipolitesch Neutralitéit soll bestoen? Kann d'Regierung elaboréieren, op wéi eng Manéier déi néideg Neutralitéit hei garantéiert gëtt?

4. Zu wéi engen Zwecker dierfen d'Gemengen eege Medien ënnerhalen? Kann d'Regierung matdeelen, ob, a falls jo, wéi eng legal Basis dozou existéiert?

5. Op wéi enger legaler Basis ass d'Finanzéierung vun dëse Mediekanäl gereegelt?

6. Ass d'Regierung der Meenung, dass an dëse Mediekanäl all déi politesch Kräfte respektiv d'Politiker equitabel zu Wuert an op d'Bild solle kommen?

7. U wéi eng legal Richtlinne sinn d'Gemenge beim Asaz vun dëse Medie gebonnen, fir ze garantéieren, dass all déi politesch Kräfte gläichermoossen zu Wuert kommen?

8. Ënnerläit den Asaz vun dëse Mediekanäl enger onofhänger Kontrollinstitution um Niveau vun de Gemenge selwer oder dem Staat? Falls jo, wéi enger? Falls net, kann d'Regierung elaboréieren, wéi dës Decisioun motivéiert ass? U wéi eng zoustänneg 2022 Instanz kënnen betraffe Bierger a Parteien sech adresséieren, wann si e Fall vu Mëssbrauch vun dëse Medie wëlle mellen?

9. Wéi gedenkt d'Regierung virzegoen, fir an dësem brisanten Dossier e Verstouss géint d'Neutralitéit respektiv ee Mëssbrauch vun dëse Mediekanäl, beim Asaz vun ëffentleche Ressourcen, ze verhënneren, dat besonnesch am Hëbléck op d'Gemengewalen am Juni 2023?

10. Wéi gedenkt d'Regierung virzegoen, fir an dësem brisanten Dossier e Verstouss géint d'Neutralitéit respektiv ee Mëssbrauch vun dëse Mediekanäl, beim Asaz vun ëffentleche Ressourcen, ze verhënneren, dat besonnesch am Hëbléck op d'Chamberwalen am Oktober 2023?

**Réponse commune** (30/05/2022) de **Mme Taina Bofferdin**, Ministère de l'Intérieur | **M. Xavier Bettel**, Ministère des Communications et des Médias

Den Deputéierten informéiert sech iwwert d'Kommunikatiounen vun de Gemengen, besonnesch am Hëbléck op d'Gemengen- an d'Chamberwalen am Joer 2023.

ad 1. D'Regierung féiert keng Statistiken iwwert d'Kommunikatiounen vun de Gemengen.

Déi verschidden Tëleesprogrammer, déi vun de Gemenge bedriwwen ginn, sinn um Site vun der ALIA opgeléicht.

ad 2. Den Artikel 82 vum Gemengegesetz gesäit vir, dass d'Reglementer an engem Bulletin kënnen publizéiert ginn, dee periodesch erausbruecht an un d'Menagé verdeelt gëtt. Et gëtt keng weider spezifesch Reglementatioun fir Gemengepublikatiounen.

ad 3. Publikatiounen am Numm vun der Gemeng, also vun enger ëffentlech-rechtlicher Autoritéit, mussen Neutralitéit garantéieren. Et ass un den Organer vun der Gemeng selwer, fir ze garantéieren, dass se de Missiounen vun der Gemeng als solch gerecht ginn. D'ofgeännert Gesetz vum 8. Juni 2004 iwwert d'Liberté d'expression dans les médias, mat ënner anerem den Dispositiounen betreffend d'Protection de la réputation et de l'honneur an den Devoir d'exactitude et de véracité, applizéiert sech op de Gemengebuet wéi och op all aner Publikatioun.

D'Konzessioun, déi en Tëleesprogramm laut dem ofgeännerte Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwert d'Médias électroniques brauch, obligéiert iwwerdeems zu Onparteilechkeet an Objektivitéit an der Presentatioun vun der Informatioun. D'Iwwerwaachung vum Tëleesprogramm ënnerläit der ALIA.

ad 4. D'Gemenge kënnen Medie just am Intérêt communal asetzen. Déi legal Basis dofir ass den Artikel 28 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988<sup>8</sup>.

ad 5. De Gemengerot muss déi néideg Kreditter fir d'Kommunikatiounen am Gemengebudget virgesinn.

ad 6. + 7. D'Kommunikatiounen sinn am Prinzip neutral, wéi an der Äntwert op d'Fro 3 scho preziséiert ginn ass. Et gëtt awer Kanäl, wou dee Prinzip net strikt agehale ka ginn, wéi zum Beispill bei der Diffusioun oder der Rediffusioun vu Gemengerotssätzungen oder der Publikatioun vu Compte-rendue vun de Gemengerotssätzungen, wou de Contenu forcément lokalpolitescher Natur ass. Während an dësem Kontext keng spezifesch Legislatioun applikabel ass, ass de Gemengerot fräi, dës Matière via Règlement d'ordre intérieur méi prezis ze reegelen.

ad 8. - 10. Et gëtt keng onofhängeg Kontrollinstanz fir d'Publikatiounen an d'Kommunikatiounen vun de Gemengen, déi als ëffentlech Autoritéit selwer Garant mussen si vun der Neutralitéit vun hire Publikatiounen.

D'ALIA ass awer zoustänneg fir d'Iwwerwaache vun den Tëleesprogrammer, déi sech un dat ofgeännert Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwert d'Médias électroniques an un hir Konzessiounen mussen halen.

Mir verweisen och nach op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N° 0905 an N° 1969, déi un dës Äntwert annexéiert sinn.

#### Cellule de compétence pour la conception curriculaire de la formation professionnelle | Question 6074 (19/04/2022) de M. Fred Keup (ADR)

D'Roll vum Handwierk an der Gesellschaft an notament der entsprecher Beruffsausbildung souwéi hir Integratioun an den ëffentleche Schoulsystem ass en Theema, wat zu Lëtzebuerg ëmmer erëm kontrovers diskutéiert gëtt, net zulescht während enger Interpellatioun den 10. Mäerz an der Chamber.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Froe stellen:

1. 2017 ass d'„Cellule de compétence pour la conception curriculaire de la formation professionnelle“ an d'Liewe geruff ginn. Sinn d'Beruffskummeren och an dësem Grupp vertrueden? Kann den Här Minister matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert war, fir bei der Zesummesetzung vun dësem Grupp kee Vertrieeder vum Léierpersonal aus der Beruffsausbildung an dëse Grupp ze beruffen? Wéi eng Erfolleger huet dës Cellule bis elo ze verbuchen?

2. Kann den Här Minister matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert ass, dass am Comité à la formation professionnelle vun zéng Memberen, siwen en akademeschen Hannergrond opweisen, awer da just dräi aus dem Handwierk stamen oder e Lien mam Handwierk hunn a keng Persoun vum Terrain beruff gouf? Wéi oft trëfft de Grupp sech, a wéi eng Decisiounen ginn do getraff?

3. Kann den Här Minister matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert ass, dass e Chargé de cours

„mécatronicien d'autos et de motos avec une spécialité dans le domaine de la mobilité électrique pour les véhicules électriques et hybrides rechargeables“ fir de CNFPC mat engem Diplôme luxembourgeois de fin d'études secondaires, soit du diplôme luxembourgeois de fin d'études secondaires techniques recrutéiert ka ginn, woubäi do eng Meeschterprüfung verlaangt ass, esou wéi dat am Code de l'éducation virgesinn ass?

4. Kann den Här Minister matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert ass, dass e Chargé de cours „technicien en environnement naturel“ fir de CNFPC mat engem Diplôme luxembourgeois de fin d'études secondaires, soit du diplôme luxembourgeois de fin d'études secondaires techniques, soit d'un diplôme de technicien division agricole, environnement naturel an eng „carrière B1“ recrutéiert ka ginn, woubäi d'Gesetz virgesäit, dass, wann een d'„conditions d'accès“ net erfüllt fir de Groupe de traitement A1 (Master), A2 (Bachelor) oder B1 (Brevet de maîtrise oder BTS), ee muss am C1 recrutéiert ginn?

5. Kann den Här Minister matdeelen, wéi eng Moossnamen hie virgesäit, fir dass den „opérateur/trice de la forêt et de l'environnement“, deen iwwer Joren am CNFPC enseignéiert, eng Meeschterprüfung kritt?

6. Wéi vill verschidde Beruffer ginn an der C1-Karriär recrutéiert am Enseignement?

7. Wéi vill Diplomer vun der Meeschterprüfung huet de Ministère bis elo verdeelt pro Joer?

8. Wéi gesäit den Här Minister Meisch de Stellwäert vun der Meeschterprüfung an der Gesellschaft aktuell an och an der Zukunft?

**Réponse** (07/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. D'Cellule de compétence pour la conception curriculaire de la formation professionnelle (an der Suite „Cellule“) gouf 2017 an d'Liewe geruff, fir d'Aktualitéit vun de Beruffspröfiller an der Beruffsausbildung ze iwwerpräiwen an eventuell Adaptatiounen ze recommandéieren. An der ursprénglecher Kompositioun huet sech de Grupp aus Vertrieeder vun de Beruffskummeren an der Educatioun zesummegeat. Et ass deementspreechend net richtege, dass keng Enseignant aus der Beruffsausbildung an der Cellule aktiv sinn: All d'Vertrieeder vun der Educatioun sinn Enseignant, déi ënner anerem an der Beruffsausbildung tätig waren/sinn. D'Evolution vun der Aarbechtsweis vun der Cellule huet mat sech bruecht, dass haut keng Vertrieeder vun de Beruffschambere méi physisch am SCRIPT sinn, mee dass si an hirer respektiver Chamber als Kontaktpunkt fir d'Educatiounsvertrieeder agesat ginn. D'Aarbechte vun der Cellule kënnen wéi geplangt duerchgefouert ginn a vun deene ronn 30 ofgeschlossenen Analyse goufe schonn eng ganz Rei Adaptatiounsvirschléi ëmgesat. Och huet dës Analys dozou gefouert, e Qualitéitssprong bei de curriculairen Dokumenter ze maachen.

ad 2. De Comité à la formation professionnelle setzt sech zesummen aus Membere vun alle Parties prenantes am Beräich vun der Beruffsausbildung. Laut dem Artikel 5 vun der Loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle setzt sech de Comité follgendermoossen zesummen:

1. les membres du Gouvernement ayant respectivement dans leurs attributions la formation professionnelle, le travail, l'économie, l'éducation nationale et les classes moyennes ou leurs délégués ;
2. le directeur à la formation professionnelle ;
3. le directeur du service de la formation des adultes ;
4. le directeur de la Maison de l'orientation ;

<sup>8</sup> Art. 28. « Le conseil communal règle tout ce qui est d'intérêt communal ; [...] »



5. un délégué du service d'orientation professionnelle de l'Agence pour le développement de l'emploi ;
6. un délégué de chacune des chambres professionnelles ;
7. un délégué de chacune des fédérations patronales représentant les différents secteurs économiques ;
8. un délégué de chacune des organisations syndicales les plus représentatives sur le plan national ;
9. deux délégués du collège des directeurs de l'enseignement secondaire général ;
10. un représentant des parents d'élèves ;
11. un représentant de la Conférence nationale des élèves ;
12. un représentant des employeurs du secteur social ;
13. un représentant des employeurs du secteur de la santé et des soins.

D'Ernennung vun de Representantë gëtt op Proposition vum deenen eenzele Parties prenantes gemaach. Dëst gëllt och fir de Groupe de pilotage vun der Berufsausbildung.

ad 3. - 5. Zu de Froen 3, 4 a 5 vum honorabelen Deputéierten ass et mer aus juristesche Grënn net méiglech, op déi eenzel Fäll, déi opgefouert sinn, anzegoen. Hei awer de juristesche Kader, an deem mir eis beweegen. Laut der Loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État, art. 45, paragraphe 4 : « Sont classés à un emploi du sous-groupe de l'enseignement visé sous le point e) du paragraphe 1<sup>er</sup> les employés détenteurs soit du diplôme luxembourgeois de fin d'études secondaires, soit du diplôme luxembourgeois de fin d'études secondaires techniques, soit d'un brevet de maîtrise, soit d'un certificat sanctionnant des études reconnues équivalentes correspondant à la formation exigée pour la vacance de poste sollicitée. »

Dëst gëllt fir all Employé, deen an der Karriär B1 soll agestellt ginn. Dëse Paragraph gouf zwar mat der Loi du 9 mai 2018 portant modification [...] 9<sup>e</sup> de la loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État [...] suppriméiert, mee duerch eng Dispositioun ersat, déi déi selwecht Konditiounen setzt. D'Teneur ass elo folgend:

« L'article 45 est modifié comme suit:

a) Au paragraphe 1<sup>er</sup>, les termes « scientifique et » sont supprimés.

b) Au paragraphe 2, l'alinéa 1<sup>er</sup> est remplacé comme suit : "Pour être classé à un emploi de l'un des sous-groupes visés aux points a), b), c) ou e) du paragraphe 1<sup>er</sup>, l'employé doit être détenteur soit du diplôme luxembourgeois de fin d'études secondaires classiques, soit du diplôme luxembourgeois de fin d'études secondaires générales, soit d'un brevet de maîtrise, soit présenter un certificat sanctionnant des études reconnues équivalentes."

c) [...]

d) Le paragraphe 4 est abrogé. »

Dësen Text ass an dëser Teneur haut nach a Vigueur a gëllt fir all d'Employés de l'État cat. B1 sous-groupe enseignement. Den Text mécht keen Ënnerschied tëscht Chargé de cours, d'enseignement oder d'éducation. Par conséquent ass jiddereen, deen dës Konditiounen net erfëllt, am C1 anzustellen.

ad 6. An der Grondschoul an an de Lycée ginn aktuell am Enseignement keng Agenten an der C1-Karriär rekrutiert. A verschiddene Kompetenzzentere kënnen fir de Remplacement vun engem „2<sup>e</sup> intervenant“ awer Leit temporär an enger C1-Karriär agestellt ginn.

ad 7. Am Tableau heidrënner stinn d'Zuele vun Diplomer pro Joer:

| Joer | Zuel vun Diplomer |
|------|-------------------|
| 1998 | 183               |
| 1999 | 169               |
| 2000 | 135               |
| 2001 | 148               |
| 2002 | 152               |
| 2003 | 172               |
| 2004 | 141               |
| 2005 | 136               |
| 2006 | 149               |
| 2007 | 131               |
| 2008 | 117               |
| 2009 | 144               |
| 2010 | 114               |
| 2011 | 116               |
| 2012 | 142               |
| 2013 | 133               |
| 2014 | 118               |
| 2015 | 133               |
| 2016 | 111               |
| 2017 | 88                |
| 2018 | 102               |
| 2019 | 110               |
| 2020 | 85                |
| 2021 | 111               |

ad 8. De Meeschterbréif an d'Reform vun dësem ass vu grousser Wichtigkeet. Aus dësem Grond ënnerstëtzt den Educationministère d'Chambre des Métiers finanziell, mee och mat Manpower, fir dës esou wichteg Reform ëmzesetzen. Effektiv ginn hei aus 35 Brevetten haut eng gutt Dosen nei Brevete gemaach, déi no Aktivitéitsdomänen organiséiert sinn. Dëst ass eng Äntwert op déi strukturell Change-menter an de Betriber an déi nei Erwaardungen vun de Clienten. Den neie Meeschter wäert eng méi breet Visioun vu sengem Beruff hunn, déi et him erlaabt, den neien Defie Rechnung ze droen.

## Taux d'échec dans le cadre de la formation dans l'artisanat | Question 6075 (19/04/2022) de M. Fred Keup (ADR)

D'Ausbildung vum Nowuess am Handwerk an déi entspriechend Roll vun eisen öffentliche Schoulen ass eng Fro, déi an eiser Gesellschaft ëmmer erëm kontrovers diskutéiert gëtt, net zulescht während enger Interpellatioun den 10. Mäerz an der Chamber.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Fro stellen:

1. Wéi vill Schüler ware fir d'Schouljoer 2021/2022 an der Berufsausbildung ageschriwwen, a wéi vill hunn am Laf vun deem genannte Schouljoer ofgebrach?

2. Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi den Taux d'échec pro Branche, pro Schouljoer fir den Zäitraum vun 2010 bis de September 2020 opschlësselt?

**Réponse (07/06/2022) de M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Am Schouljoer 2021/2022 (Stand Januar 2022) waren am Ganze 7.643 SchülerInnen a Schüler/Apprentis an der Formation professionnelle ageschriwwen. Zanterhier hunn sech 370 SchülerInnen a Schüler/Apprentis fir een anere Wee entscheet. Heibäi handelt et sech ëm 33 Persounen aus dem CCP, 246 Persounen aus dem DAP an 91 Persounen aus dem DT. D'Grënn fir dës sougenannten „arrêts formation“ si ganz ënnerschiddlech: Astig an d'Berufsliewen, Wiessel vun der Formatioun, Resiliatioun vum Léiervertrag, Integratioun vun enger alternativer Mesure (z. B.: SNJ-Mesuren, Fit fir d'Léier asw.).

ad 2. D'Tabell an Annex informéiert iwwer den Taux de réussite vun de SchülerInnen a Schüler vun 2011 bis 2022. Bei der Interpretatioun vun den Zuele gëllt ze beuechten, datt d'Schülerzuele staark tëscht den eenzelne Formatiounen variéieren, wat natierlech eng Repercussioun op d'Representativitéit vum Taux de réussite als Mesure huet.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

## Enfants à besoins spécifiques | Question 6089 (22/04/2022) de M. Mars Di Bartolomeo | Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)

Den Accord, deen den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend souwéi d'Gewerkschaften ALEE, SLEG an SPEBS, déi an der Confédération générale de la fonction publique (CGFP) affiliéiert sinn, de 16. November 2021 ënnerschriwwen hunn, huet als Zil, d'Qualitéit an de Volume vun der Aarbecht vum sozioedukative Personal, dat mat Kanner mat spezifische Besoine schafft, ze assuréieren a prezisiéiert d'Täch souwéi d'Aarbechtszäitverdeelung vum betraffene Personal. Den Accord gesäit vir, datt d'Mesur fir d'Rentrée 2022/2023 a Kraaft sinn an datt an der éischter Hallschent vun 2022 e Gesetzprojet deposéiert gëtt, fir d'Funktoun vum Chef de Service EPS festzeleeën.

D'„Association du personnel des Centres de compétences et de l'Agence (APPCA)“, déi eenzeg Personalvertriidung mat engem Agrément ministériel am Beräich Kanner a Jugendlecher mat spezifische Besoinen, an den SEW/OGB-L contestéieren den Accord. D'APPCA war net an d'Verhandlungen vum Accord agebonnen, obschonn d'Associatioun am Virfeld u Reunionen an Aarbechtsgruppen deelgeholl huet, fir eng legal Basis fir d'Personal, dat mat Kanner mat spezifische Besoine schafft, ze schafen. An hirem Communiqué vum 7. Februar 2022 deelt d'APPCA mat, datt si zesumme mam SEW/OGB-L d'Procédure de litige bei der Commission de conciliation ageleet huet.

An dësem Zesammenhang wëlle mir dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend folgend Froe stellen:

1. Gesäit den Här Minister vir, alleguerten d'Bestëmmungen vum Accord mat engem Projet de loi ëmzesetzen?

2. Sinn déi concernéiert Schoulen, Berufsgruppen a Kompetenzzentren iwwer den Accord souwéi déi nei Bestëmmungen, déi ab der Rentrée 2022/2023 solle gëllen, informéiert ginn? Wa jo, wéini a wéi?

3. Firwat ass d'APPCA net an d'Verhandlungen vum Accord agebonne ginn?



4. A wéi engem Stadium befënnt sech aktuell d'Procédure de litige mat der APPCA a mam SEW/OGB-L?

**Réponse** (07/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Net all d'Elementer, déi am Accord mat de Syndikater vun der CGFP festgehalen goufen, erfuerderen eng nei oder verännert Gesetzesslag. Allerdéngs ass et esou, datt de Groussdeel vun de Bestëmmungen, déi am Accord festgehalen goufen, effektiv e legislative Prozess viraussetzt, sief dat iwwert de Wee vun neie Gesetzter oder Reglementer respektiv der Modifikatioun vun der aktueller Gesetzesslag.

ad 2. De 16. November 2021, dem Dag vun der Ënnerschrëft, hunn ech d'Mataarbechter an d'Direktionen aus de Grondschoulen, de Lycéeën an de Kompetenzzentren per Brëif iwwert den Accord informéiert.

An den Deeg no dem Ënnerschreiwe gouf den Accord deene jeeeweilegen Direktionen (18.11. fir den Enseignement secondaire, 19.11. fir d'Kompetenzzentren an 23.11. fir d'Grondschoul) am Detail virgestallt. Dës ënner anerem och mat der Finalitéit, datt déi verschidden Direktionen hire Mataarbechter dës Informatiounen och nach eemol selwer kënne matdeelen an och éischt Froen vun de Mataarbechter kënne beäntwert ginn.

Déi vum Accord betreffen Agenten aus deene jeeeweilege Servicer goufen och kollektiv den 2. Februar 2022 vum Educatiounsministère per Newsletter iwwert déi wichtegst Elementer vum Accord informéiert.

Doniewent hunn d'Gewerkschaften hirersäits hir Memberen och iwwert d'Modalitéite vum Accord informéiert.

ad 3. Fir all den Associatiounen a Gewerkschaften aus dem Beräich vun der Educatioun, onofhängeg vun hirer Representativitéit, d'Méiglechkeet ze ginn, sech un den Diskussiounen ronderëm d'Definitioun vun den Tâchen an de Missiounen vum edukativen a psychosoziale Personal an der Educatioun ze bedeelegen, hunn net manner wéi zéng Aarbechtssitzunge stattfonnt, un deenen d'APCCA och deelgeholl huet.

Dës temoignéiert vun der Bereitschaft an dem Wëllen vum Educatiounsministère, fir e méiglechst breede Konsens mat all de potenziell concernéierten Associatiounen a Gewerkschaften aus dem Beräich vun der Educatioun kënnen ze fannen. Letztendlech huet sech awer erausgestallt, datt net all Partner bereet war, e Konsens ze fannen.

ad 4. Nodeems d'Commission de conciliation vun der APPCA (Association du personnel des Centres de compétences et de l'Agence: éducatif et psychosocial) an dem SEW/OGB-L (Syndikat Erziehung a Wissenschaft am OGB-L) saisiéiert gouf, préift dës Kommissioun aktuell d'Fro, ob e Litige tëscht dem Personal, dat duerch dës Associatiounen vertruede gëtt, an dem Educatiounsminister iwwerhaupt virläit.

**Promotion des biocarburants** | Question **6090** (25/04/2022) de **M. Fred Keup** | **M. Jeff Engelen** (ADR)

Säit Ufank vum Joer 2019 setzt d'Lëtzebuurger Regierung massiv op d'Fërdere vum Biokraftstoff. An deem Kontext gouf den E10-Bensinn agefouert, deen en Undeel vu Biokraftstoff vun 10 Prozent virweist. Parallell dozou ginn ëmmer méi Stëmme haart, déi d'Fërdere vu Biokraftstoff ganz kritesch gesinn. Vertrieeder vum Pik (Potsdamer Institut für Klimaforschung) kritiséiere virun allem, datt e groussen

Deel vun der Fruucht fir d'Produzéiere vu Biokraftstoff benotzt gëtt, amplaz datt dës fir déi mënschlech Ernierung zur Verfügung gestallt gëtt. Grad am Zusammenhang mam Krich an der Ukrain an dem Risiko vun enger Liewensmëttelknappheet stellt sech déi pertinent Fro, ob et iwwerhaupt nach ze vertrieeden ass, Fruucht fir d'Hierstelle vu Biokraftstoff ze notzen, amplaz si fir déi prekär Ernierungssituatioun an Europa an/oder Drëttlänner ze notzen.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass sech d'Regierung där uewe beschriwwener Problematik vum Notze vu Fruucht fir d'Produzéiere vu Biokraftstoff am Kontext vun enger méiglecher Liewensmëttelknappheet bewosst? Wa jo, wéi eng Schlussfolgerungen zitt d'Regierung aus dëser Erkenntnis?

2. Gedenkt d'Regierung an deem Sënn ze legiferéieren, datt zu Lëtzebuerg Fruucht an Zukunft net méi fir d'Hierstelle vu Biokraftstoff genotzt däerf ginn?

**Réponse commune** (30/05/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Schonns an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 3943 vum 25. Mäerz 2021 vum dem honorable Deputéierte Mars Di Bartolomeo iwwert Biokraftstoff ass déi Thematik detailléiert belicht ginn.

D'Direktiv 2018/2001/UE gesäit vir, dass Biokraftstoff aus der sougenannter éischter Generatioun, déi am Weesentleche fir den Zweck vun der Energieproduktioun op Agrarland ugebaut ginn, maximal 7 % vum Endenergieverbrauch am Stroossen- a Schinneverkéier dierfen ausmaachen.

D'Regierung huet schonns am Dezember 2019 iwwert d'Accisegesetz festgehalen, dass den Undeel vun deene Biokraftstoffen net méi wéi 5 % dierf ausmaachen a läit also dättelech méi niddereg wéi den Undeel, dee vun der Direktiv virgesinn ass.

ad 2. Wéinst hirem Ëmweltimpakt ënnersträicht d'Direktiv 2018/2001/UE, datt den Undeel vun den uewe genannten Biokraftstoffen, déi och e grouse Risiko duerstelle fir indirekt Verännerunge vum der Land- a Flächennutzung, vun 2024 un lues a lues muss reduzéiert gi bis hin op 0 % am Joer 2030.

Den Undeel vu deene Biokraftstoffen gëtt dann och weiderhin déif gehalen a wäert an der Zukunft iwwert d'Accisegesetz kontinuierlech an am Aklank mat der Direktiv erofgesat ginn.

**Sensibilisation des nouveaux entrants sur le marché de l'emploi** | Question **6093** (25/04/2022) de **Mme Djuna Bernard** | **M. Charles Margue** (déi gréng)

Suite à la décision du Conseil de Gouvernement du 9 mars 2022, le statut d'une protection temporaire confère aux personnes concernées le droit de travailler au Luxembourg. Les bénéficiaires d'une protection temporaire sont ainsi dispensés de solliciter une autorisation d'occupation temporaire et peuvent ainsi accéder directement au marché de l'emploi au Luxembourg.

Le marché de l'emploi est particulièrement dynamique, le nombre record de postes vacants déclarés au cours du mois de mars en témoigne. Malheureusement, le nombre d'affaires de traite à des fins d'exploitation par le travail est en constante augmentation. Comme le

constate la Commission consultative des droits de l'homme dans son rapport sur la traite des êtres humains de 2021, ceci concerne surtout le secteur de la construction et le secteur de l'Horeca.

Dans ce contexte nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

1) Quelles mesures ont été prises afin d'informer les bénéficiaires d'une protection temporaire de leurs droits et devoirs en matière de droit du travail ?

2) Existe-t-il du matériel d'information en ukrainien permettant de familiariser les nouveaux arrivants avec le fonctionnement du marché de l'emploi et les leurs droits (contrat du travail, rémunérations, temps du travail, etc.) ?

3) En quoi serait-il utile d'associer l'Inspection du travail et l'Agence pour le développement de l'emploi au guichet unique ?

4) Est-ce que les partenaires sociaux ainsi que les associations ukrainiennes sont-ils associés à des éventuelles campagnes de sensibilisation dans le domaine de l'accès au marché de l'emploi et d'information sur le droit du travail ?

5) Est-il prévu de lancer des campagnes d'informations concernant les droits et devoirs ciblées sur les patrons, notamment les ménages privés engageant des personnes pour des travaux de ménage et la garde d'enfant ?

**Réponse** (07/06/2022) de **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1) + 2) Le Ministère des Affaires étrangères et européennes, le Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire et le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, ensemble avec l'Agence pour le développement de l'emploi et l'Inspection du travail et des mines, ont établi des formulaires et des fiches d'informations en langues française, allemande, anglaise et ukrainienne pour informer les bénéficiaires d'une protection temporaire sur le statut de protection temporaire, et en particulier sur la procédure à suivre, ainsi que sur leurs droits et devoirs en matière de travail.

Ces informations renseignant notamment sur leurs droits en ce qui concerne l'établissement d'un contrat de travail, les rémunérations minimales et les règles en matière de durée de travail.

Plus particulièrement, une note conjointe de l'ADEM et de l'ITM a été rédigée afin d'informer les bénéficiaires de la protection internationale sur la possibilité de s'inscrire à l'ADEM ainsi que sur les moyens de trouver un emploi avec l'aide de l'ADEM. En outre, la note contient les informations les plus essentielles sur le droit du travail (le contrat de travail, le salaire, la durée de travail ou encore le droit à un congé rémunéré).

Par ailleurs, la note fait référence aux instances officielles à contacter en cas de traite.

Cette note est disponible sur le site de l'ADEM en plusieurs langues ainsi qu'en langue ukrainienne. La note est aussi remise à toutes les personnes qui s'inscrivent comme demandeur d'emploi.

Par ailleurs, l'ADEM était en contact avec diverses ASBL ukrainiennes locales afin de leur fournir des informations sur les procédures administratives à respecter par les bénéficiaires de protection temporaire mais aussi pour les employeurs qui les ont contactées pour offrir des postes de travail aux bénéficiaires de protection temporaire.



Toutes les informations utiles ont été publiées sur les sites Internet des différents ministères et administrations précités ainsi que sur le site du guichet unique.

[https://mteess.gouvernement.lu/fr/actualites/gouvernement%2Bfr%2Bactualites%2Btoutes\\_actualites%2Bcommunications%2B2022%2B03-mars%2B12-protection-temporaire-ukraine.html](https://mteess.gouvernement.lu/fr/actualites/gouvernement%2Bfr%2Bactualites%2Btoutes_actualites%2Bcommunications%2B2022%2B03-mars%2B12-protection-temporaire-ukraine.html)

<https://maee.gouvernement.lu/fr/services-aux-citoyens/accueil-de-personnes-ukraine.html>

<https://men.public.lu/de/actualites/communiqués-conference-presse/2022/03/accueil-eleves-ukrainiens.html>

<https://adem.public.lu/fr/actualites/adem/2022/03/ukraine-info.html>

<https://itm.public.lu/fr/actualites/focus/2022/03/travailer-luxembourg.html>

<https://guichet.public.lu/fr/citoyens/immigration/ukraine/protection-temporaire.html>

ad 3) L'Agence pour le développement de l'emploi et l'Inspection du travail et des mines coopèrent très étroitement avec les équipes du guichet unique. Les nombreuses informations concernant les deux administrations qui se retrouvent sur le site du guichet unique en témoignent.

Le site du guichet unique reprend en principe les grandes lignes de certaines matières qui relèvent de la compétence de ces deux administrations et renvoie pour le détail sur les sites Internet de ces autorités compétentes auxquelles les requérants peuvent s'adresser directement pour obtenir de plus amples renseignements, respectivement aux fins que ces dernières puissent directement intervenir ou agir conformément à leurs compétences qui ont été déterminées dans leurs lois cadres respectives.

Une présence physique notamment de l'ADEM au guichet unique n'est pas une option étant donné que les bénéficiaires de protection temporaire doivent se rendre à l'agence Hamm de l'ADEM pour compléter leur dossier. Par conséquent, les bénéficiaires devraient contacter inutilement le guichet unique simplement pour obtenir l'information de se faire enregistrer par téléphone ou en se présentant physiquement auprès de l'ADEM pour s'enregistrer.

ad 4) Dès le début, l'ADEM a pris contact avec diverses associations ukrainiennes ainsi que des associations locales afin de les informer sur les droits des bénéficiaires mais aussi sur leurs obligations.

Par ailleurs, les associations ont été informées de diriger les employeurs désirant recruter des bénéficiaires vers l'ADEM afin que les employeurs se mettent en conformité avec le Code du travail.

En outre, la note conjointe a été mise à disposition des associations.

ad 5) cf. réponses ci-dessus.

#### Procréation médicalement assistée | Question 6098 (26/04/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

2005 gouv de Laboratoire national de procréation médicalement assistée gegründet. Sait 2016 feiert de Centre de fertilité méi wéi 600 kënschtlech Befruchtungen pro Joer duerch, an dat, obschonn et zu Lëtzebuerg, am Géigesaz zu deene meeschten aneren europäesche Länner, nach guer kee Gesetz iwwer d'PMA gëtt, just ee Règlement grand-ducal vun 2003. D'Situatioun fir Kanner, déi aus enger GPA, enger PMA oder enger anonymmer Gebuert ervirgaange sinn, ass voller Onsécherheeten. Et ass och zum Beispill net gekläert, wéi d'Kand seng Originen zréckfanne kann.

Doriwwer eraus ass eng PMA net ongeféierlech. Am „Guide de la procréation médicalement assistée au CHL“ gëtt op d'Gefore vun enger PMA opmierksam gemaach, ënner anerem op de Risk vu Mëssbildung bei Kanner. Et gëtt och Studien, déi kloer nowiesen, datt Kanner, déi duerch eng PMA „produziert“ ginn, oft eng Woch ze fréi gebuer ginn. Een ze niddregt Gebuertsgewicht oder eng erhéicht perinatal Stierflechkeet sinn aner Risiken.

Aktuell Initiativen, fir rechtlech Reegelen anze-féieren, trieden zwar mat héijen Uspréich un, loosse awer vill Froen op a kënnen nei Problemer bréngen. Besonnesch déi eethesch Aspekter vun der PMA ginn net oder kaum thematiséiert. Si erfuerderen awer eng breet ëffentlech Debatt.

An deem Kontext wëllt ech der Regierung dës Fro stellen, déi sech op Problemer bezéien, déi an där aktueller Situatioun oprieden:

- Wéi positionéiert sech d'Regierung zum „don d'ovocytes“ an zum „don d'embryo“ (wann eng Koppel, déi hir PMA net weiderféiere wëll, well se beispillsweis gescheet gëtt oder sech trennt, oder weinst „incapacité permanente de décision“, „hiren“ Embryo un eng aner Koppel weidergëtt), zwou Praktiken, déi hei am Land existéieren, awer bis elo net kloer gereegelt sinn?

- Sinn d'Kanner, déi aus enger PMA ervirginn, ierfschaftsberechtigt? Géintwuerk wiem?

- Wéi steet d'Regierung zur Iwwerleeung, datt de Liewenspartner present misst sinn, wann den Embryo der Fra ageplant gëtt, fir eventuell spéider Rechts-onsecherheeten ze verhënneren?

- Wat geschitt mat den „iwwerzelegen“ Embryoen, déi aus ënnerschiddleche Grënn net ageplant ginn? Wéi laang kënnen Embryoe maximal konservéiert ginn? Wat ass d'Positioun vun der Regierung zum Émgang mat sougenannten „iwwerzelegen“ Embryoen?

- Wat fir Reegelen ginn am Ablack am Hibleck op preimplantatoresch a prenatal Ennersichungen applizéiert?

- Kënnen „refuséiert“ oder „iwwerschësseg“ Embryoe vun der Wëssenschaft „benotzt“ ginn? Enner wéi enge Bedéngungen? Gëtt et do finanziell Transaktiounen, a wéi steet d'Regierung dozou?

- Wéi steet d'Regierung zur Iwwerleeung, datt et misst illegal sinn, auslännesch Spermien ze importéieren oder ze bestellen (inklusive iwwer Internet), ausser iwwer een Institut agréé, deen och derfir suerge misst, datt den Numm vum Donateur, also dem zukünftige Papp, derbäistee an aktéiert gëtt?

- Ass d'Regierung der Meinung, datt et fir Koppelen, déi eng PMA wënschen, verpflichtend misst sinn, datt si iwwer d'Risiko vun esou enger medezinescher Prozedur genau Bescheed wëssen?

#### Réponse commune (30/05/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministère de la Santé | Mme Sam Tanson, Ministère de la Justice

Fir sämtlech Froen ze tranchéieren, déi an dëser parlamentarescher Fro opgeworf gi sinn, ass de Gesondheetsministère amgaangen, en Dossier opstellen, fir déi national Eethikkommissioun ze befaassen, dëst am Virfeld vum Ausschaff vum engem spezifesch Gesetz.

Déi Aarbechten hunn ewell ugefaangen a sinn immens komplex, wat mat sech bréngt, dass dës nach Zäit brauchen, bis se ofgeschloss gi kënnen.

Wat elo méi spezifesch déi zweet Fro ubelaangt, do sief bemierkt, dass am Fall wou e Kand, wat eng unerkannte Filiatioun huet an och ierfschaftsberechtigt ass, et net relevant ass, wéi et entstanen ass.

#### Aide financière pour les apprentis dans le cadre de la hausse des prix | Question 6099 (26/04/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Eis Apprentien (Léierjongen a Léiermeedercher) si staark vun der rezenter Präisdeierecht, virun allem duerch déi héich Bensinn- an Dieselpreisser betraff. Vill vun hinne sinn op den Auto ugewisen, well fir si den ëffentlechen Transport net passt, Betriber, wou si schaffen, an Industriezone leien, déi schlecht ugebonne sinn, respektiv musse mam Auto op de Chantier fueren, fir ze schaffen.

Am Géigesaz zu de Studenten, sinn awer fir Léierjongen a Léiermeedercher keng Bähillefe bis elo virgesinn.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Wëll den Här Minister den Apprentien och eng Bähillefe weinst der Präisdeierecht accordéieren?

- Wann nee, firwat net?

- Wa jo, op wéi eng Aart a Weis wëll den Här Minister hëllefen? Kéint z. B. d'„Prime de promotion à l'apprentissage“ gehéicht ginn?

#### Réponse (07/06/2022) de M. Claude Meisch, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

D'Regierung huet mat de Sozialpartner e Mesurëpak decidéiert fir d'Ennerstëtzung vun de Stéit an de Betriber am Kader vun der rezenter Entwécklung vun der Präisdeierecht. An dësem Pak sinn zu dësem Zäitpunkt keng zousätzlech Bähillefe fir d'Léiermeedercher an d'Léierjongen virgesinn. Esou eng Bähillefe ass och net vun de Sozialpartner an d'Diskussioun bruecht ginn.

Déi aktuell Bähillefe, déi d'Léiermeedercher an d'Léierjongen bezéien, ass indexéiert, a gouf deemno am Oktober 2021 an am Abrëll 2022 ugepasst.

Doriwwer eraus ass et esou, datt d'Léiermeedercher an d'Léierjongen en Usproch op d'Kannergeld behalen, dat jo och rezent nees indexéiert ginn ass.

Ech wëll déi honorabel Deputéiert dorop opmierksam maachen, datt Schülerinnen a Schüler aus akommeschwaache Familljen zousätzlech d'Urecht op finanziell Ennerstëtzung duerch de CePAS hunn. Ech wäert meng Servicer an dem aktuelle Kontext uweisen, fir d'Léiermeedercher an d'Léierjongen besser iwwert dësen Dispositif ze informéieren an eventuell Härtefäll ze identifizéieren, déi vun dësen Hëllefe kéinte profitéieren.

#### Promotion de la géothermie | Question 6111 (27/04/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

De Prinzip, duerch d'Vefare vun der Geothermie Energie kënnen ze gewannen, muss am Kontext vun den Diskussiounen ëm déi alternativ an erneierbar Energie ganz eescht geholl ginn. Et héiert ee grad och vun den Experten am Beräich vun den erneierbaren Energien, datt d'Geothermie eng ganz attraktiv Energiequell kann duerstellen. Leider gëtt grad hei am Land kaum vu Geothermie geschwat, och net vu Säite vun der Regierung, déi jo selwer virgëtt, d'Dekarboniséierung an d'Ëmstellen op erneierbar Energie beschleunegen ze wëllen.

An dësem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Regierung:



1. Ginn et hei am Land Fuersuchungsprojeten oder aner konkret Bestriewungen, déi sech mat dem Notze vun der Geothermie beschäftegen?

2. Wa jo, sinn dës Fuersuchungsprojeten oder Bestriewunge vu staatlecher Hand aus initiéiert oder beschäftegen sech och privat an/oder akademesch Organisatiounen mam Notze vun der Geothermie?

3. Wa jo, kann d'Regierung eis en lwwerbléck iwwert den neiste Stand vun den Entwécklungen ginn - sief dat am privatwirtschaftlechen, akademeschen oder staatleche Beräich - wat d'Notze vun der Geothermie ugeet? Sinn an deem Kontext konkret Projete virgesinn, fir d'Geothermie an nächster Zäit ze erfuerschen an/oder scho konkret ze notzen? A wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun deene Projete gerechent ginn?

4. Falls d'Geothermie vu staatlecher Säit bis dato nach net gefërdert oder ënnerstëtzt gëtt: Firwat hält d'Regierung de villversprechenden Notze vun der Geothermie bis elo net méi eescht? Gedenkt d'Regierung dës Energiequell an noer Zukunft méi ze promovéieren an op allen Niveaue ze fërderen?

**Réponse commune** (13/06/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

ad 1. - 4. D'Geothermie, dat heescht d'Gebrauche vu Wäermt, déi an der Äerd stockéiert ass, ass zu engem Fuersuchungsberäich ginn, dee grouss Opmierksamkeit genéisst. Dat och zu Lëtzebuerg.

Den Departement vun den Ingenieurswëssenschafteren vun der Faculté des sciences, de technologie et de médecine op der Universitéit Lëtzebuerg huet viru Kuerzem mat engem industrielle Partner eng Demande fir e Projet agereecht, deen eng Fallstudie soll duerstellen tëscht engem bestoenden an engem zukünftege Wärmenetz. An deem Kader soll och d'Notzung vun der Uewerflächegeothermie studéiert ginn, an dat an der Regioun Esch-Uelzecht.

Am Kader vum strategesche Beräich „Développement durable et société“ op der Universitéit Lëtzebuerg ass de Fortschritt vun den zukünftegen Energiesystemer duerch d'Fuerschung op den erneierbaren Energien eng Prioritéit a kéint an Zukunft och d'Geothermie beinhalten. Pilotprojete mat enger wëssenschaftlecher Begleedung fir Uewerflächegeothermie a Geothermie aus der Déift ginn als besonnesch interessant ugesinn. D'Ingenieure vun der Universitéit Lëtzebuerg schaffe souwuel mat nationalen Acteuren zesummen, wéi mat franséische Fuerscher vun der Ecole d'ingénieurs française CentraleSupélec, fir een Apport zur Energietransitioun ze leeschten.

Do dernieft hunn d'Regierungsmemberen an de jeeeweiligen Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N° 4180 an N° 5241 explizéiert, dass d'Lëtzebuerger Regierung ausdrécklech d'Notzung vun der Geothermie op dem Lëtzebuerger Territoire, an enger éischter Phase, weider analyséiert, a bei interessante Resultater, verstärkt fërdere wëll.

Der Regierung ass et wichteg d'Geothermipotenzialer zu Lëtzebuerg, am Aklang mam Ëmwelt- a Waasserrecht, fir d'Dekarboniséierung vum Wäermtsektor generell, a spezifesch fir d'Notzung- a Wärmenetzer ze erschléissen.

Fir d'Uewerflächegeothermie (max. 400 m déif) ass een nationaalt Gesamtpotenzial, eng éischte Kéier am Kader vum nationalen integréierten Energie- a Klimaplang (PNEC), evaluéiert ginn (180 GWhth/Joer).

Wéi an de genannten Äntwerten duergestallt, géif et zu Lëtzebuerg, speziell am Süde vum Land, signifikant

Potenzialer fir „mëttel-déif“ an eventuell och fir „déif“ (400 m – 2.000 m déif, resp. >2.000 m déif) Geothermie ginn. Ewéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5241 ugedeit, an an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4180 duergestallt, lafen aktuell Studien, fir ë. a. dëst Potenzial ze quantifizéieren. Dës Analyse gi vun der Klima-Agence koordinéiert. D'Regierung erwaart sech an den nächste Méint konkret Conclusiounen a Recommandatiounen vun deenen Analysen.

Ganz konkret huet de Fonds du logement bis haut insgesamt 8 Wunngebaier mat am ganzen 41 Wunnenge mat Geothermie ausgestatt, dat zu Gréiwemaacher an zu Beetebuerg, a plangt weiderer, dorënner de grouse Projet „Neischmelz“ zu Diddeleng. Op deem Site gëtt aktuell gepréift fir d'Wäermt an enger Déift vun 1-2 km aus dem Buedem ze huelen. An deem Kontext sinn eng Rei Etüden amgaangen an et gëtt op d'Resultater vun enger Reflexiounsseismik gewaart. Am Fall wou dat géif geléngen, kéint de ganze Quartier mat Erdwäermt versuergt ginn. Dës Projet (d'Pilotbuerg) esou wéi och déi Reflexiounsseismik, ginn natierlech vu staatlecher Säit finanziell ënnerstëtzt.

**Aides pour des entreprises de pays en voie de développement dans le cadre de la transition énergétique** | Question **6112** (27/04/2022) de **M. Roy Reding** (ADR)

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5941 schreift d'Regierung zu der Aféierung vun CO<sub>2</sub>-Zöller ënner anerem dat hei: „Et ass wichteg, dass Betriber an der EU net benodelegt sinn duerch déi méi ambitiéis Mesurë fir de Klimaschutz, an och Drëttstaaten, an d'Betriber, déi do produzéieren, sollen incitéiert ginn, Mesuren ze huelen, fir manner CO<sub>2</sub> auszestoussen. De Conseil ass sech och bewosst, dass Betriber an Entwécklungslänner sech wäerte méi schweierdinn, fir hir Produktiounen ëmzestellen. Dofir soll doriwier nageduecht ginn, wéi dës Länner bei der Transitioun ka gehollef ginn.“

An deem Sënn géif ech der Regierung nach gär dës Froe stellen:

1. Wéi verdoren dës Moosnamen sech mam Territorialitätsprinzip an der Netamëschung an d'Ugeleeënheete vu souveräne Staaten? Gesäit d'Regierung vir, sou Moosnamen nëmmen op Basis vun engem bilateralen Accord tëschent der EU an deene betreffenen Drëttstaaten ze ënnerstëtzen, fir d'Eskalatiounsspiral vun engem Handelskrich ze evitéieren? Wéi wäit gëtt d'WTO an dës Verhandlungen matagebonnen?

2. Kann d'Regierung matdeelen, ob Ënnerstëtzungsgelder, déi an deem Kader ausbezuelet géifen, un eis Entwécklungshëllef ugerechent ginn? Falls net, firwat net?

**Réponse commune** (31/05/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

ad 1. D'EU an hir Memberstate setzen d'Reegele fir den EU Bannemaart fest an huelen déi néideg Mesuren, fir deenen an d'europäesch Betriber viru Konkurrenz aus Drëttstaaten ze schützen, déi net eis Norme respektéieren. Keen Drëttstat ass verflücht, fir Gidder an d'EU ze exportéieren.

Natierlech gëtt et an deem Beräich och international Reegelen, déi musse respektéiert ginn, an zwar virun allem déi vun der Welthandelsorganisatioun. An den Diskussiounen zur Ausschaffung vum „Kuelestoff Grenz-Upassung-Mechanismus“ war d'Kompatibilitéit

vun deem Mechanismus mat dëse Reegelen ëmmer e fundamentale Punkt, a Lëtzebuerg huet och reegelméisseg dorop insistéiert.

D'Madamm Finanzministesch huet an hirer Äntwert vum 22. Abrëll 2022 op d'parlamentaresch Fro N° 5941 erkläert, dass Lëtzebuerg säin Accord zu deem geplangte Mechanismus eréischt ginn huet, wéi séchergestallt war, dass dës Mesure mat de Reegele vun der Welthandelsorganisatioun an Aklang wier.

D'Europäesch Kommissioun huet am Kader vun deem Dossier och schonn am Virus Kontakt mat den Handelspartner vun den EU Memberstaaten opgehooll an déi geplangt Reglementatioun erkläert, fir Mëssverständneser an en eventuelle Sträitfall virun der Welthandelsorganisatioun ze vermeiden. Och aktuell ass d'Kommissioun nach ganz aktiv amgaang, mat Drëttstaaten iwwert deenen Dossier ze schwätzen, an huet och mat der Generaldirektesch vun der Welthandelsorganisatioun geschwat.

Et ass och unzemierken, dass eng Rei aner Länner selwer en änleche Mechanismus hunn oder amgaang sinn, esou e System auszeschaffen, woubäi dës an deene meescht Fäll net esou komplett oder ambitiéis si wéi déi vun der EU.

ad 2. Am Moment ass nach net kloer, wéi eng Form eng Ënnerstëtzung fir Entwécklungslänner géif unhuelen; déi Diskussiounen sinn nach net ofgeschloss. Wann Entwécklungsgelder sollte virgesi ginn, wäert deenen Aspekt a Betruecht geholl ginn. Allgemeng gesi mir esou eng Ënnerstëtzung als e wichtegt Element, fir dass och déi Länner eng adequat Transitioun zu méi klimafrendleche Wirtschaftsmodeller erreche kënnen.

**Instituteurs spécialisés dans la scolarisation des enfants à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (I-EBS)** | Question **6113** (27/04/2022) de **Mme Martine Hansen** | **M. Max Hengel** (CSV)

L'enseignement fondamental dispose d'instituteurs spécialisés dans la scolarisation des enfants à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (I-EBS). Ils assurent e. a. la prise en charge dans le respect d'une approche inclusive au sein de l'école des élèves à besoins éducatifs particuliers, la concertation avec le titulaire de classe et l'équipe pédagogique concernés au sujet des élèves en question, la communication des informations aux parents au regard de l'évolution des apprentissages de leurs enfants ainsi que le conseil du personnel du service d'éducation et d'accueil pour enfants. Ils conseillent les équipes pédagogiques en matière de prise en charge des élèves visés, ils coordonnent les mesures de prise en charge des élèves à besoins éducatifs particuliers au niveau de l'école, ils élaborent une démarche pour l'encadrement des élèves à besoins éducatifs particuliers dans le contexte de la rédaction du PDS en concertation avec le personnel de l'école et le personnel du service d'éducation et d'accueil pour enfants et ils assurent le lien avec la commission d'inclusion.

C'est dans le contexte des tâches, voire des responsabilités des instituteurs spécialisés dans la scolarisation des enfants à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (I-EBS) que nous voudrions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

1) Monsieur le Ministre peut-il confirmer que certaines écoles fondamentales ne disposent toujours pas d'enseignants dits « I-EBS » pour encadrer les enfants aux besoins susmentionnés ?

- Dans l'affirmative, de quelles écoles, voire communes s'agit-il ?



- Sur quels critères est basée la clé de répartition des enseignants dits « I-EBS » ?

- De quelle façon et dans quel délai Monsieur le Ministre entend-il mettre fin à cette situation qui peut constituer un désavantage pour certains établissements scolaires ?

2) Dans sa réponse du 21 septembre 2018 à la question parlementaire n° 4000 à ce même sujet, Monsieur le Ministre avait affirmé que l'affectation d'un enseignant dit « I-EBS » à une classe modulaire de la voie de préparation serait prévue à moyen terme. Qu'en est-il de cette initiative ? Monsieur le Ministre peut-il nous renseigner sur le nombre d'enseignants dits « I-EBS » actuellement affectés à cette voie ainsi que sur les établissements de l'enseignement public concernés ?

**Réponse** (07/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1) À partir de la rentrée 2022-2023, 129 instituteurs spécialisés dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques interviennent dans 133 écoles fondamentales publiques.

Malgré les efforts entrepris par mes services en collaboration avec les acteurs locaux et régionaux, 29 écoles ne bénéficient actuellement pas de l'intervention d'un instituteur spécialisé dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (I-EBS). Chaque année, la liste des postes d'I-EBS vacants est diffusée au mois de février dans le cadre du recrutement des I-EBS et les membres des communautés scolaires ne bénéficiant pas encore de l'intervention d'un I-EBS sont invités à identifier parmi les instituteurs affectés aux communes concernées ceux susceptibles de poser leur candidature dans le cadre de ce recrutement. En effet, les expériences vécues dans le cadre des recrutements des années dernières ont montré que la grande majorité des candidats désire exercer le rôle d'I-EBS dans l'école, voire la commune dans laquelle ils interviennent depuis des années en tant que membre du personnel enseignant.

Les I-EBS nouvellement recrutés sont affectés en fonction de leurs aspirations aux écoles ne bénéficiant pas encore de l'intervention d'un I-EBS. En fonction du nombre d'élèves par école, le nombre de leçons mises à disposition des écoles pour l'intervention éventuelle d'un I-EBS est identifié et ce dernier est converti en postes à plein temps respectivement en postes à temps partiel d'un degré d'occupation de 50 ou de 75 %. Les vacances de postes sont publiées annuellement et peuvent être briguées dans un premier temps par les agents recrutés antérieurement. Un même I-EBS peut opter pour l'intervention dans deux écoles de la même direction de région disposant chacune d'une tâche partielle vacante.

Les efforts de recrutement entrepris par mes services sont régulièrement analysés pour identifier d'éventuelles adaptations susceptibles d'optimiser le déroulement de ces derniers et d'augmenter le nombre de candidats retenus. Dans le cadre du recrutement concerné, une collaboration plus étroite avec les partenaires régionaux, à savoir les directions de région, a été mise en place pour attirer davantage de candidats intéressés. À côté de la réunion d'information nationale tenue annuellement par mes services, des réunions d'information régionales, voire locales ont été organisées par les directions de région, le cas échéant en collaboration avec mes services.

Vu les postes actuellement vacants ainsi que les départs à la retraite et les réorientations professionnelles des I-EBS en service, le recrutement des

instituteurs spécialisés dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques se poursuivra pendant les années à venir. L'étroite collaboration de tous les acteurs a porté ses fruits lors des derniers recrutements et elle présente un élément-clé qui contribue considérablement à diminuer le nombre d'écoles ne bénéficiant pas de l'intervention d'un I-EBS.

ad 2) À l'heure actuelle, les I-EBS interviennent exclusivement dans les écoles fondamentales publiques.

Nonobstant, les élèves de la voie de préparation de l'enseignement secondaire général continuent à bénéficier d'un encadrement de qualité assuré par le personnel enseignant et les membres des équipes de soutien des élèves à besoins éducatifs spécifiques des lycées.

Des efforts considérables ont ainsi été entrepris ces dernières années en matière de recrutement de personnel psychosocial et éducatif. Depuis 2020, une quarantaine de nouveaux postes de renforcement ont été attribués aux Services psycho-sociaux et d'accompagnement scolaires (SePAS) et aux Services socio-éducatifs (SSE) des lycées.

Par ailleurs, les équipes de soutien aux enfants à besoins spécifiques mises en place au sein des lycées ont été dotées à hauteur d'une centaine d'emplois à temps plein (ETP) depuis 2019.

**Secteur de l'imprimerie | Question 6116** (28/04/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

D'Zoumaache vun der Dréckerei vum Luxemburger Wort ass en historesche Moment. D'Onofhängegkeet vun der Press war an der Zäit nëmmen duerch de Besëtz vun enger Dréckerei garantéiert. D'Sankt-Paulus-Dréckerei huet mat hirer Aktivitéit esouguer de Garer Quartier ronderëm d'Paräisser Plaz gepräagt. An Drécker hunn (och well si liesen a schreiwe konnten) laang Joren an eiser Gesellschaft vill Afloss gehat a vill bewierkt. An deem Kontext wëll ech dës Froen un den Här Aarbechts- an den Här Wirtschaftsminister stellen:

1. Wéi vill Leit schaffen nach an der Dréckerei, déi elo zougemaach gëtt? Wat geschitt mat hinnen? Kréie si déi nämmelecht Konditiounen wéi d'Mataarbechter vum Groupe Saint-Paul, déi mat deem leschte Sozialplang hir Plaz verluer hunn?

2. Wierkt d'Zoumaache vun der Dréckerei sech op d'Berechnung vun der Pressehällef aus?

3. Wäer an der Retrospektiv eng Pressehällef op Grond vun den héijen techneschen Investitiounen vun den Zeitungen an de leschte Joerzénge net méi sënnavoll gewiescht wéi d'Berechnung vun der redaktionellen Inhalter?

4. Wéi autark ass de Lëtzeburger Dréckereismaart nach? Fir wat fir Dréckearbechten (Zeitungsproduktion, Buchdruck ...) fanne sech keng Ubidder méi zu Lëtzebuerg?

5. Wat fir Beruffer aus dem Dréckereiwiese ginn nach zu Lëtzebuerg geléiert?

**Réponse commune** (13/06/2022) de **M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1. Laut Mediahuis Luxembourg si 26 Persounen betraff, mat deenen elo Gespréicher gefouert ginn, fir Solutiounen ze fannen. 2020 gouf laut Mediahuis Luxembourg keng Eenegung mat der Gewerkschaft op e Sozialplang fonnt.

ad 2. D'Zoumaache vun der Dréckerei wierkt sech net op d'Berechnung vun der Pressehällef aus. De Montant vun der Pressehällef gëtt iwwert d'Unzuel vun der professioneller Journaliste bestëmmt.

ad 3. Bis Mëtt August 2021 gouf d'Pressehällef mat Hëllef vun engem sougenannte „montant annuel de référence“ berechent, deen de Pabeierpräis fir d'Zeitunge mat a Betruecht geholl huet. Duerch d'Loi du 30 juillet 2021 relative à un régime d'aides en faveur du journalisme professionnel gëtt exklusiv de professioneller Journalist als Referenz geholl, fir d'Héicht vun der Pressehällef op eng technologieneutral Manéier ze bestëmmen.

ad 4. Der Regierung leie keng Informatiounen vir, ob d'Ubidders fir Dréckarbechte genuch Capacitéiten hunn, fir déi gesamt Zeitungsproduktion an de Buchdruck ofzedecken. Dës sinn kommerziell Froen, déi just déi concernéiert Betriber beäntwere kënnen.

ad 5. Laut dem Règlement grand-ducal du 6 août 2021 détermine les professions et métiers dans le cadre de la formation professionnelle sinn dës véier Beruffer méiglech:

1. relieur,
2. imprimeur,
3. sérigraphe,
4. créateur de médias digitaux et imprimés.

**Aides à la presse | Question 6117** (28/04/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

D'Enn vun der Sankt-Paulus-Zeitungsdréckerei, nodeems en auslännesche Konkurrent de Betrib iwwerholl hat, ass en historescht Evenement. Et leet eng nei Period an, well fir d'éischt eng grouss Lëtzeburger Zeitung am Ausland gedréckt gëtt. Trotzdeem gëtt et eng Rëtsch Froen, déi mir hei wëlle stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, datt garantéiert ass, datt d'Wort an d'industriell Aktivitéit vun der Sankt-Paulus-Grupp wäerte weiderbestoen?

2. Wat fir Dispositiounen si prett oder gedenkt d'Regierung ze huelen, fir ze garantéieren, datt d'Pressehällef fir d'Luxemburger Wort och hei am Land zweckgebonden agesat gëtt?

3. Sollt esou eng Kontroll onméiglech sinn, huet dat eventuell Auswierkungen op de Montant vun der Pressehällef?

4. Wat fir Hëllef vum Lëtzeburger Staat huet de Groupe Saint-Paul bei der Uschafung vun hirer aktueller Rotatiounsdréckerei zousätzlech zur Pressehällef kënnen an Usproch huelen? Sinn déi Subventiounen domat net nodréiglech a Fro gestallt?

5. Wat fir Garantien iwwert Aktivitéiten zu Lëtzebuerg an Zuel vun de Beschäftegten huet de Groupe Saint-Paul am Kader vu sengen diverse Sozialpläng musse ginn? Sinn déi Versprechungen agehale ginn? Ass am Kader vun deenen Accorden d'Zoumaache vum industrielle Standbeen vum Grupp méiglech gewiescht?

**Réponse commune** (13/06/2022) de **M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1. De Staat ass net u Mediahuis bedeelegt an huet deemno och keen Afloss op déi zukünfteg Ausrichtung vum Luxemburger Wort. D'Regierung huet keng Informatiounen, datt d'industriell Aktivitéit vun dëser Dageszeitung net weiderbestoe wäerte bleiwen.

ad 2. Dat aktuell Pressehällefgesetz gesäit vir, dass ë. a. den Inhalt vun den eligele Publikatiounen



d'Lëtzebuerger Residente viséiere muss. Ausserdeem gi just vum Lëtzebuerger Presserot unerkannte Journaliste fir d'Berechnung vun der Pressehëllef a Betruecht geholl. D'Pressehëllef muss zousätzlech och fir Käschten, déi an direkter Relatioun mat der Publikatioun stinn, agesat ginn. Deemno ass garantéiert, dass d'Pressehëllef zweckgebonden agesat gëtt.

ad 3. /

ad 4. De Wirtschaftsministère huet fir den Investissement an d'Rotatiounsdrückerei keng Bähëllef an der Groupe Saint-Paul ginn.

ad 5. D'Sozialpläng ginn net vum Aarbechtsminister homologéiert.

E Sozialplang ass en Accord, deen tëschent Patronat a Salarat ausgehandelt gëtt.

Wann d'Verhandlungen net zu engem Accord féieren, müssen d'Parteien, ënner anerem, zesummen den Office national de conciliation (ONC) uschreiwen an dës spëtstens 3 Deeg no der Ënnerschrëft vun de Protokollen vum Desaccord.

Am Kader vum ONC gëtt dann tëschent de Parteie vermittelt, mat dem Zil hinnen dobäi ze hëllefen zu engem Accord ze kommen.

An dësem konkrete Fall ass den ONC am Oktober 2020 ugeschriwwen ginn, fir bei de Verhandlungen ze vermëttelen, mee no zwou Reunione konnt et net zu engem Accord kommen an et gouf eng non-conciliation festgehalen, esou datt den Aarbechtsminister heizou keng weider Informatiounen ka ginn.

**Congé pour raisons familiales** | Question 6120 (29/04/2022) de **M. Max Hengel** | **M. Marc Spautz** (CSV)

D'Artikelen L. 234-50 ff. vum Aarbechtskodex setzen de Kader vum Congé aus familiäre Grënn (congé pour raisons familiales oder CRF). Iwwer den normale Regime eraus kann d'Dauer vun dësem Congé a Präsenz vu Kanner, déi betraff si vu enger ganz graver Krankheet oder Behënnerung, bis op 52 Wochen (Referenzperiod vum 104 Wochen), verlängert ginn.

Dës aussergewöhnlech schwéier Krankheet gi limitativ an engem groussherzogleche Reglement vum 10. Mee 1999 definéiert. Et sinn dat (i) evolutiv Kriibserkrankungen, (ii) Pathologien, déi eng Hospitalisatioun an akuter Behandlung vu mindestens zwou Woche mat sech bréngen, an (iii) Quarantän- an Isolatiounsmaassnamen a. ä. am Kontext vun enger Covidkrankung.

Et ass awer esou, dass heiansdo Kanner méi laang krank sinn an net an d'Schoul kënne goen, ouni eng vun dëse Konditiounen ze erfëllen.

Ee Beispill, dat eis rapportéiert gouf, ass, dass e Kand no enger Covidinfektioun Komplikatiounen hat a wochelaang ze schwach war, fir an d'Schoul ze goen. Et gëtt och aner virstellbar Fäll, an deenen d'Elteren hir Kanner doheem mussen betrieien an net d'Méiglechkeet hunn, hiert Kand vun de Grousselteren oder enger anerer Persoun versuergen ze loossen.

Duerfir wëllt mir folgend Froen un den Här Aarbechtsminister an den Här Minister fir sozial Sécherheet stellen:

- Deelt d'Regierung d'Meenung, dass fir esou Fäll d'Critère fir eng Verlängerung vum CRF ze streng sinn?

- Wa jo, wéi gedenkt d'Regierung, dës Critèren unzepassen?

- Wann nee, wéi eng Méiglechkeeten hunn déi conceréiert Elteren, wa se z. B. all hire Congé schonn opgebraucht hunn?

- Wéi steet d'Regierung zu enger Reegulung vum „Don de congé“?

- Wëssend, dass d'Recht op Ausbezuelse vum Krankengeld am Krankheitsfall op 78 Wochen eropgesat ginn ass, misst net och d'52-Wochen-Reegulung am Fall vum CRF no uewen ugepasst ginn?

**Réponse commune** (08/06/2022) de **M. Georges Engel**, Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | **M. Claude Haagen**, Ministère de la Sécurité sociale

Den Dispositif vum „congé pour raisons familiales“ gouf en place gesat, fir datt d'Elteren, déi schaffen, kënne bei hirem Kand doheem bleiwen an e Revenu kréien. Dobäi bezilt de Patron de Salaire weider, deen dann iwwer d'Mutualité des employeurs rembourséiert gëtt, woubäi d'Krankeversicherung déi Käschten iwwerhëlt.

A verschiddene Fäll, déi am modifizéierte groussherzogleche Reglement vum 10. Mee 1999 opgeléicht sinn (règlement grand-ducal modifié du 10 mai 1999 définissant les maladies ou déficiences d'une gravité exceptionnelle en application de l'article 15, alinéa 2 de la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales), kann de Congé verlängert gi bis maximal 52 Wochen op eng Referenzperiod vum 104 Wochen.

D'Konditiounen goufen direkt am Ufank vun der Covidpandemie zu Lëtzebuerg erweidert, fir den Isolement, d'Quarantän, wann d'Schoul oder d'Structure d'accueil vun de Kanner hu missen zougemaach ginn, oder och d'„éviction scolaire“, also wann e Schüler oder eng Schülerin wéinst enger Infektionskrankheet net d'äer d'Schoul frequentéieren, ouni awer an Isolement oder Quarantän ze sinn, mat ze berücksichtegen.

D'Lescht vun de Fäll, déi am Reglement stinn, ass effektiv ze restriktiv an entsprécht och net méi onbedéngt der Realitéit, dofir hunn de Ministère fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft an de Ministère fir sozial Sécherheet an internen Aarbechtsgrupp opgestallt, fir déi ganz Modalitéiten ze analyséieren a Proposen auszuschaffen, déi da mat de verschiddenen Acteuren, y compris de Sozialpartner, déi och am Verwaltungsrot vun der Gesondheitskeess vertruede sinn, wäerten diskutéiert ginn.

Esoubaal déi Aarbechten ofgeschloss sinn, wäerten déi néideg legal a reglementaire Ännerungen dem Regierungsrat ënnerbreet ginn.

Aktuell gesäit de Code du travail keen „don de congé“ vir. Et misst een analyséieren, ob am Kader vun engem Kollektivvertrag oder eventuell esouguer op Basis vun engem Accord um Niveau vun der Entreprise esou een „don de congé“ ënnert verschiddene Konditiounen méiglech wär.

Den „Don“ misst sech dann allerdéngs op déi Deeg limitéieren, déi iwwert déi vum Artikel L. 233-4 vum Code du travail virgesi 26 Deeg legal bezuelte Congé erausginn.

**Engagement de collaborateurs** | Question 6121 (29/04/2022) de **M. Marc Spautz** (CSV)

Mir ass zu Ouere komm, dass et hei zu Lëtzebuerg a méi grouss Betriber oft dozou kënnt, dass nei Mataarbechter de facto just fest agestellt ginn, wann si virun iwwert eng Interimsfirma während e puer Méint do geschafft hunn. Och wann dës Virgoensweis Virdeeler kann hunn, sinn awer aarbechtsrechtlech Bedenken ubruecht.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft stellen:

1. Sinn dem Minister oder der ITM Fäll vu Betriber bekannt, déi esou virginn, fir nei Mataarbechter fest anzustellen?

- A wa jo, kann den Här Minister ons Zuelen nennen?

2. Sinn dem Här Minister no aarbechtsrechtlech Bedenken ubruecht?

**Réponse** (07/06/2022) de **M. Georges Engel**, Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1. D'Missioun vun der ITM ass et ënner anerem, d'Anhale vun den Dispositiounen bezüglech den Aarbechtsbedéngungen an de Betriber ze assureieren.

D'Verwaltung muss deemno vu Fall zu Fall ënnerscheeden, mee vu datt hei kee konkrete Fall virgeluecht gëtt, ass et net méiglech, déi Fro ze beäntweren.

Och dem Aarbechtsminister si keng esou bestëmmte Fäll bekannt.

Wann den honorabelen Deputéierte méi genee Informatiounen huet, kann en dës gäre weider un d'ITM ginn, déi dann eng Kontroll maache wäert.

ad 2. Falls eng Infirmité virläit, da jo.

Zu Lëtzebuerg, wéi an de meeschten anere Länner vun der Europäescher Unioun, hu sech d'Aktivitéiten vun den Interimsfirmen virun allem duerch de Mangel vun Aarbechtskräften an der Period vum staarke Wuesstem vun den 1960er-Joren entwéckelt.

Well d'Interimsfirmen hir Mataarbechter, déi se rekrutéieren, temporär fir aner Benotzer zur Verfügung stellen, kënnen dës Benotzer ënnert anerem d'Problemer vun den aussergewöhnlechen Erhéijung vun hiren Aktivitéiten, wéi och d'Konsequenzen vum Absenteismus vun hirem Personal behiwen.

Trotzdem ass d'Beschäftegung bei enger Interimsfirma, wéi och d'Beschäftegung duerch en zäitlech begrenzten Aarbechtskontrakt, als eng prekär Aarbechtsform ze betruechten an ass dofir vum Gesetzgeber duerch d'Gesetz vum 19. Mee 1994 strikt encadréiert ginn. Op där anerer Säit erfëllt se eng wirtschaftlech nützlich Funktioun a gëtt dem Besoin fir Flexibilitéit, déi vum Patronat gefuerdert gëtt, gerecht.

All Employeur huet d'Recht, en Interimsaarbechter um Enn vu sengem Contrat de mission anzustellen, awer nëmmen zäitlech begrenzt a fir eng spezifesch an net dauerhaft Tâche. Et d'äerf keng Astellung gemaach gi fir eng Aarbecht am Zesummenhang mat der normaler a permanenter Aktivitéit vun der Firma.

D'Benotze vun den Interimsaarbechter ënnertläit, wat dës Punkt betrëfft, deene selwechte Reegelen, déi fir d'Beschäftegung mat engem zäitlech begrenzten Aarbechtskontrakt gëllen.

Och ass ze bemerken, datt den Netrespekt vun dëse Reegelen betreffend d'Beschäftegung mat engem zäitlech begrenzten Aarbechtskontrakt vum Aarbechtsgericht duerch eng Requalifikatioun an een an der Zäit onbegrenzten Aarbechtskontrakt sanktionéiert gëtt, an datt den Netrespekt vun dëse Reegelen am Kader vun der Interimsaarbecht duerch eng penal Geldstrof sanktionéiert gëtt.

**Télétravail des frontaliers venant d'Allemagne** | Question 6124 (29/04/2022) de **Mme Josée Lorsché** (déi gréng)

Dans le contexte de la pandémie, des accords avaient été conclus avec nos pays voisins pour faire en sorte



que les frontaliers puissent effectuer du télétravail dans leur pays de résidence sans que leur revenu y soit imposé.

Concernant l'Allemagne, il a été annoncé que l'accord exceptionnel conclu dans le contexte de la pandémie prendra fin au 30 juin 2022. Par conséquent, les dispositions de la convention de non-double imposition entre l'Allemagne et le Luxembourg seront dès lors à nouveau applicables. Ainsi, les salariés frontaliers pourront travailler à distance depuis leur pays de résidence pendant 19 jours par an sans que leur revenu respectif soit imposé en Allemagne.

Cependant, selon ma lecture des textes, la règle des 19 jours ne s'applique pas aux fonctionnaires, employés et salariés de l'État luxembourgeois. À partir du 30 juin 2022, ils seront donc obligés, dès le premier jour de télétravail, de déclarer leurs revenus respectifs auprès des administrations fiscales en Allemagne en vue de leur imposition.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances :

1) Madame la Ministre peut-elle confirmer mes informations selon lesquelles la règle prémentionnée des 19 jours ne s'applique pas aux fonctionnaires, employés et salariés de l'État luxembourgeois et que par conséquent, dès le 30 juin 2022, ils ne pourront plus effectuer de télétravail à partir de leur domicile s'ils ne veulent pas être imposés en Allemagne pour leurs revenus respectifs ?

2) Madame la Ministre n'estime-t-elle pas que face aux aspects bénéfiques du télétravail notamment en termes de congestion du réseau routier, il convient de favoriser tant que possible le télétravail des frontaliers, notamment dans la fonction publique ?

3) Madame la Ministre est-elle en négociation ou envisage-t-elle d'entrer en négociation avec les instances allemandes en vue d'adapter l'accord de non-double imposition avec l'Allemagne en ce sens ? Dans quel délai estime-t-elle qu'une telle adaptation pourra être conclue le cas échéant ?

4) Dans cet ordre d'idées, est-ce que des discussions seront menées avec les instances allemandes en vue de l'extension de ladite règle des 19 jours ?

**Réponse (30/05/2022) de Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances

Dans sa question parlementaire, l'honorable Députée fait référence à différentes dispositions concernant la convention de non-double imposition entre le Luxembourg et l'Allemagne (« convention fiscale »), dont notamment le seuil de tolérance de 19 jours prévu par un accord amiable (« Verständigungsvereinbarung ») annexé à ladite convention fiscale.

En effet, le seuil de tolérance ne s'applique pas aux fonctionnaires, employés et salariés de l'État luxembourgeois qui sont résidents en Allemagne. C'est pourquoi il était si important pour le Gouvernement luxembourgeois de s'assurer que l'accord amiable exceptionnel conclu avec l'Allemagne dans le contexte de la pandémie de la Covid-19 s'applique également aux frontaliers qui travaillent dans le secteur public et qui ont recours au télétravail.

La promotion du télétravail en général, de part et d'autre de notre frontière, était déjà inscrite dans l'accord de coalition et n'a été que renforcée par les expériences tirées de la pandémie. Le Gouvernement accorde donc une grande importance au télétravail et s'efforce de trouver des solutions appropriées pour toutes les personnes qui peuvent y recourir.

Dans ce contexte, les autorités luxembourgeoises sont en contact régulier avec les autorités allemandes

sur le télétravail en général, dont un élément de discussion est l'augmentation du seuil de tolérance de 19 jours ainsi que son extension aux frontaliers qui travaillent dans le secteur public.

.....  
**Remboursement de la psychothérapie | Question 6125 (29/04/2022) de M. Sven Clement (Piraten)**

D'Verhandlungen ronderëm de geplangte Remboursement vun der Psychotherapie duerch d'Krankekeesen hale weider un. Ëmmer nees gi vun de Ministeren nei Datumer genannt, un deenen sech d'Verhandlungsparteie wäerten zesummesetzen, fir e finalen Accord ze fannen, mee bis elo ouni Resultat. Dobäi ass d'Urgence grouss a vill Patiente waarde säit Joren op d'Méiglechkeet, dass d'Käschte vun der Psychotherapie vun de Keesen iwwerholl ginn.

An deem Zesammenhang wëlt ech de Ministere fir Gesondheet a fir Sozialversécherung dës Froe stellen:

1. Wéini waren déi lescht Verhandlungen an dësem Dossier?

2. Wat ass den aktuelle Stand vun de Verhandlungen?

Firwat gëtt keen Accord fonnt?

Wéi gesinn déi aktuell Positiounen vun de Verhandlungsparteien aus a wiso loosse sech dës net vereenegen?

3. Wéi eng Pisten huet d'Regierung an de vergaangenen zwielef Méint probéiert, fir een Accord ze erreechen?

4. Wat gedenkt d'Regierung an Zukunft ze maachen, fir den Dossier net nach weider laang Joren onclôturiert ze loosse?

5. Ass d'Regierung der Meenung, dass fräischaffend Psychotherapeute mat Praxissen, déi dezentral iwwer d'Land verdeelt sinn, en essenzielle Pilier vun der medezinnescher Prise en charge am Beräich vun der Santé mentale duerstellen?

Oder gesäit d'Regierung de Fokus vun hirer Gesondheetspolitik hei éischter bei Behandlungen duerch Psychotherapeuten an zentrale Strukturen wéi z. B. Spideeler?

Wéi beaflosst dës Approche zu engem éischter zentraliséierten oder dezentraliséierten System d'Verhandlungen ronderëm de geplangte Remboursement vun der Psychotherapie?

**Réponse commune (07/06/2022) de M. Claude Haagen,** Ministre de la Sécurité sociale | **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

ad 1. Déi lescht Entrevue huet den 21. Abrëll 2022 stattfonnt. Et waren nach weider zwou Entrevuen am Mee virgesinn, mä déi hu missen ofgesot ginn, well d'Membre vun der FAPSYLUX verhënnert waren op de geplangten Datumer.

ad 2. D'Gesondheetскеесс (CNS) huet e Modell vun engem Parcours de soins vun engem Patient, deen eng psychotherapeutesch Behandlung brauch, am Kader vun der Krankenversicherung proposéiert. Dëse Modell ass deelweis inspiréiert vun de Richtlinien, déi vum däitsche „Gemeinsame Bundesausschuss“ (G-BA) ausgeschafft goufen.

D'CNS an d'FAPSYLUX sinn sech prinzipiell eens, dës Approche ze verfolge. Et sief awer ze bemierken, datt verschidde praktesch Modalitéiten a Critèren nach am Detail mussen diskutéiert ginn. Et gëtt kee fundamentalen Desaccord iwwer de Modell; et wäert awer nach néideg sinn, de Kader vu senger Uwendung ze spezifizéieren.

Déi aktuell Verhandlungen bezéien sech op d'Tariffer, déi an d'Nomenclature fir déi verschidden Akte musse kommen.

Den 3. Februar 2022 huet d'CNS eng Tariffproposition gemaach, déi op follgender Approche baséiert:

- D'Aféierung vun enger Prise en charge vun der Krankenversicherung soll eng finanziell Erleichterung fir d'Assurée ubidden, déi eng Behandlung bei engem Psychotherapeuten brauchen.

- D'Tariffer, déi an enger Nomenclature applizéiert ginn, mussen no bei den Tariffer sinn, déi aktuell vun de Psychotherapeuten applizéiert ginn.

- Déi proposéiert Tariffer musse kohärent sinn zu aneren Tariffer an der Nomenclature vu verschiddene Gesondheitsberuffer, déi änlech Services ubidden an e vergläichbaren Niveau vun Diplomer hunn.

Déi uewe genannten Approche an den Tariff, deen doduerch entsteet, goufen dem Verwaltungsrat vun der CNS virgestallt, deen säin Accord ginn huet, fir op dëser Basis d'Tariffverhandlungen mat der FAPSYLUX ze féieren.

Den 21. Abrëll 2022 huet d'FAPSYLUX den Tariffvorschlag vun der CNS refuséiert an eng Präisempfehlung u Psychotherapeuten erausginn. Dëst entsprécht awer net de Prinzipien vun der Krankenversicherung, wou de legale Kader virgesäit, datt d'Akte mat den Tariffer an d'Nomenclature mussen definéiert ginn. De Remboursement kënnt dann an d'Statute vun der CNS stoen.

Et goufen zwou nei Verhandlungssätzungen am géigesäitege Accord fir Ufank Juni 2022 festgeluecht.

ad 3. + 4. De Code vun der sozialer Sécherheet gesäit vir, datt d'Verhandlungen legal tëschent der CNS an der FAPSYLUX musse gefouert ginn.

Well an der Vergaangenheet esou d'Verhandlungen vun der Konvention ewéi d'Mediation gescheitert sinn, huet de Minister fir sozial Sécherheet missen déi konventionell Relatiounen iwwer e groussherzoglecht Reglement festleeën, esou ewéi de legale Kader dat virgesäit.

Doropshin hunn d'Verhandlungen vun den Akten a Tariffer kënne lancéiert ginn, bis elo awer ouni Erfolg.

De Minister vun der sozialer Sécherheet huet formell d'FAPSYLUX gefrot, fir d'Vertreder ze nennen, déi sollen an der Nomenclature-Kommission siegieren, fir datt formell eng Saisine ka vun der Kommission traitéiert ginn. Wann dës gemaach ass, ass den nächste Schrëtt, eng Saisine ze maache mat den Akten a Koeffizienter, déi dann den Tariff matbestimmen.

Doriwwer erlaabt de legale Kader keng grouss Marge de manœuvre fir d'Regierung, well hei och d'Autonomie vun de Partneren (CNS a FAPSYLUX) soll assuréiert ginn, esouwäit dat méiglech ass.

ad 5. Souwuel déi fräischaffend Psychotherapeute mat Praxissen, déi iwwer d'Land verdeelt sinn, wéi och Psychotherapeuten an zentrale Strukturen sinn néideg, fir eng optimal Prise en charge am Beräich vun der mentaler Gesondheet kënnen ze garantéieren. Déi verschidden Acteurs si komplementär, fir de Patienten déi néideg Gesondheitsleeschungen unzébidden.

.....  
**Système de réservation pour le transport CAPABS | Question 6126 (02/05/2022) de Mme Martine Hansen | M. Max Hengel (CSV)**

De Reservierungssystem fir de „Sondertransportdienst“ CAPABS (Transport complémentaire d'accessibilité pour



personnes à besoins spécifiques) gëtt vun der Rentrée 2022/2023 un ëmgestallt a wäert nom Modell vum Adapto-Déngscht funktionéieren. D'CAPABS-Notzer goufen Enn März - de Brëif ass op de 25. März 2022 datéiert - iwwer dëse Changelement informéiert a gebieden, de bäigeluechte Formulaire auszufüllen, ze ënnerschreiwen a bis den 1. Abrëll 2022 zrëck un de Mobilitéitsministère ze schécken. Dofir bloufen de concernéierte Leit deemno just siwen Deeg Zäit.

Bei deem Schreiwes dobäi louchen och d'„Betriebsbedingungen“ mat ënner anerem de Sanktiounen, opgeléist an enger Tabell, déi spillen, wann d'Utilisateure géint d'Reegele verstoussen.

Sou kann den Notzer beispillsweis mat zwee Deeg Matfuervubet bestrooft ginn, wann hien en ugefroten Trajet net annulléiert hat; am Fall vun enger „Tatwiederholung“, wéi dat am offiziellen Dokument genannt gëtt, kann dëst Verbuet bis op véier Deeg eropgoen. „Obszönität, Exhibitionismus, Aggressivität oder Beschädigung von Material im Fahrzeug“ gi mat 5 Deeg Matfuervubet sanktionéiert (10 Deeg bei „Tatwiederholung“). 5 bis 10 Deeg bedréit d'Strofmooss och am Fall, wou den Notzer net vun der virgesinner Persoun ofgehall gëtt („die verantwortliche Person für den obligatorischen Empfang des Begünstigten ist nicht anwesend“). A weider: „Die Aussetzung des Zugangs zum spezifischen regelmäßigen Sondertransportdienst kann für das laufende Kalenderjahr ausgesprochen werden, wenn der Begünstigte verschiedene Verstöße [...] kumuliert und wiederholt, was dazu führt, dass die Beförderung nicht mehr organisiert werden kann.“

An dësem Kontext wëlte mir folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister stellen:

- Gouf eng Evaluatioun vun der neier Adapto-Reservationsplattform gemaach, en vue vun der Ëmstellung vum CAPABS-System?

• Wa jo, wat waren d'Erkenntnisser vun dëser Evaluatioun?

• Wann net, firwat net?

- Firwat war den Delai, an deem déi concernéiert Leit op d'Schreiwes vum Mobilitéitsministère konnten äntweren, esou kuerz gehalen, obwuel den neie System eréischt bei der Rentrée uleeft?

- Hält den Här Minister et fir gerechtfertegt an ubruecht, fir d'CAPABS-Notzer, alles Leit mat enger Behënnerung, am Fall vun engem Feelverhalten ze responsabiliséieren respektiv souguer ze bestrofen?

• Wa jo, op Basis vu wéi enge Critèren ass de Strofekatalog opgestallt ginn an a wéi e legale Kader schreiwen sech d'Sanktiounen an?

• Ass den Här Minister der Meenung, dass d'Relatioun tëscht Dot a Strof, sou wéi se am Strofekatalog virgesinn ass, verhältnisméisseg ass?

• Wann net, wéi justifiéiert den Här Minister dëse Strofekatalog, a soll dëse weider bestoe bleiwen?

**Réponse** (07/06/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Am Virfeld erlaben ech mer, drop hinzewiesen, datt de Fournisseur vum Gestionslogiciel fir CAPABS-Transporter zwar dee selwechten ass wéi dee fir de Logiciel fir Adapto-Transporter (deen am September 2021 agefouert gouf); béid Plattformen sinn awer ënnerschiddlech developpéiert an d'Planung vun den Transporter souwéi och d'Reservéierung ginn ënnerschiddlech gehandhaabt.

Déi konkret Froe kann de Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte folgendermoosse beäntweren:

- Evaluatiounen vun der aktueller Reservéierungsplattform fir den Adapto gi reegelméisseg duerchgefouert.

De betraffene Service baséiert sech ëmmer erëm op d'Bedenke vun den Notzer. Virschléi zu Verbesserungen si souwuel u mech wéi och déi zoustänneg Verwaltung fir effentlechen Transport (ATP) adresséiert ginn, an Upassunge goufen a ginn, falls néideg a realisable, an enker Zesummenaarbecht mat den Notzer ëmgeseit.

Dat reflektéiert sech och an enger däitlecher Ofsenkung vun de Reklamatiounen. Um Enn vum leschte Joer goufen nach 27 Reklamatiounen pro Mount gemellt, a momentan (Mëtt Mee 2022) sinn dat der just 19 pro Mount.

Bei de Reklamatiounen handelt et sech gréisstendeels ëm Verspéidungen, déi duerch de Verkéier verursaacht sinn. Eng aner Reklamatiounsthematik war, dass et emol zu Feeler bei den Adresse komm ass, déi zum Deel awer op google maps zrëckzeféiere waren. Entre-temps besteet och bei der Reservéierung d'Méiglechkeet, unhand vun enger „Spéngel“ op der Landkaart de genaue Punkt ze definéieren. Esou gëtt de Chauffeur op déi richteg Platz navigéiert.

D'Problematik bei den Adresse wäert sech bei der App fir CAPABS kaum stellen, well dës e linnebaséierte reegelméisseg Transport ass, wou d'Adressen am Virus vun der Verwaltung fir effentlechen Transport agedroe ginn, an d'Notzer déi net selwer kënnen an der App uleeën.

- D'ATP huet aktuell eng Datebas mat bal 3.000 Notzer, déi net vun der ATP selwer opgestallt gouf an deelweis net méi richteg war. Am Formulaire, dee mam Schreiwes vum 25. März erausgeschéckt gouf, waren deemno haaptsächlech Coordonnées an Adresse vum Notzer (d'Wunnadress, wéi och aner Adressen, wou e Kand soll dierfen ofgesat ginn, beispillsweis bei „garde alternée“, „maison-relais“, Bomi etc.), déi spezifesch Exigenz un de Bus, an ob d'Kand obligatoresch an Empfang muss geholl ginn oder net, wann de Bus ukënn.

D'Date goufen och net just fir d'Kanner aus de Kompetenzentre gefrot, mee och bei all aner Notzer respektiv Destinatiounen vun de CAPABS-Transporter („ateliers protégés“ an aner spezialiséiert Aarrichtungen).

Wéi grad beschriwwen, ginn déi Date vum Personal vun der ATP manuell vun de Formularen opgehall an dann an deen neie Logiciel importéiert. Dëst ass eng zäitopwändeg Aarbecht, déi mat grousser Präzisioun gemaach muss ginn, fir ze verhënneren, datt beim Transport herno Feeler passéieren. D'Date goufen och explizit vun der ATP bei den Notzer gefrot, well den Transportminister an doduerch och d'Verwaltung laut Dateschutzgesetz responsabel ass, wat den Traitement vun deenen Donnéeë betrëfft.

Den Delai, fir de gefrote Formulaire auszufüllen, war kuerz, well d'Datebas am Mee schonn sollt prett si fir d'Migratioun an de Logiciel, a fir dann Tester kënnen duerchzeféieren. Duerch d'Erfarung an der Verwaltung war och virauszugesinn, dass eng Partie Formularen eventuell onkomplett géifen zrëckkommen an net këinten traitéiert ginn. Déi Fichë ginn dann nees zrëckgeschéckt, fir ze komplettéieren, wat zousätzlech Zäit kascht. Fir de Projet net a Gefor ze bréngen, gouf wéinst all dëse Faktoren eng relativ kuerz Frist ugin. Och waren heizou am Virfeld Gespréicher mat enger Delegatioun vu Gestionnaire vum de Strukturen, wou d'Prozedur an den Zäitplanung matgedeelt goufen.

De 15. Juni 2022 sollen nämlech déi éischt grouss spezialiséiert Strukture scho mam neie Logiciel geplangt ginn. D'Zäitschinn gesäit vir, alleguer d'Strukturen a Centren, a Faarte fir d'Kanner an d'Ausland, a Faarte fir op d'Aarbecht, d'Formatiounen an d'„services d'activités de jour“, spéitstens den 31. Juli 2022 iwwer de Logiciel ofzeweckelen.

An dëser Phas sinn et just d'Strukturen, d'Busbetreiber an d'ATP, déi mam Logiciel schaffen. D'App fir d'Notzer kënn dann am September 2022 bei der Schoulentrée eraus. Mat der App kënnen si dann, wéi dat och an de Betriebsbedéngunge mam Formulaire matgedeelt gouf, hir Transporter (déi vergaangen an déi zukünfteg) consultéieren, d'Auerzäiten an Echtzäit verfolge, an den Transport ofsoen, wann een zum Beispill krank ass.

- Wat de „Strofekatalog“ ugeet, wëll ech am Virus preziséieren, dass dës Zort vu Strofen, d. h. eng zäitweilig Suspensioun vun Transporter, am CAPABS schonn ëmmer applizéiert gi sinn. Bis elo waren awer keng Strofen effentlech an och keng Detailer festgehalen. Opgrond vun der Collecte vun den Daten, wéi virdru beschriwwen, goufen och d'Betriebsbedéngunge matgeschéckt an d'Entscheidung getraff, de sogenannte Strofekatalog doranner opzehuelen, fir dass d'Leit sech där Méiglechkeet bewosst sinn; virdrunner kruten si iwwer hire Centre d'„Regeln für Fahrgäste vom CAPABS Transport“, déi an dräi Sproochen „in leichter Sprache“ opgestallt goufen, ausgehändegt, wou just stoung, datt ee ka vum Transport ausgeschloss ginn, ouni datt Detailer opgestallt waren.

Selbstverständlech gëtt et eng Prozedur, wéi gegebenefalls Incidente gemellt an traitéiert ginn, zum Zil, d'Qualitéit vum Service ze assuréieren a verbessern. Fir en Incident ze mellen, gëtt et eng Fiche, déi e Centre oder e Busbetrib kann ausfüllen. Dës Fichë ginn un d'ATP geschéckt, déi e Register mat Incidenten hält an d'Incidenten traitéiert. Natierlech gëtt et ënnerschiddlech Zorte vun Incidenten, an net all Zort huet en Impakt op d'Sécherheet, mee éischter op d'Organisatioun vum Transport. Mat de betraffene Persounen gëtt gekuckt, ob net eng aner Léisung fonnt ka ginn, sou wéi z. B. e Kand eleng an engem Bus transportéieren, oder eben emol déi folgend Deeg net, bis dass d'Situatioun sech berouegt huet. Am Austausch mat den implizéierte Leit an de Strukturen, an en fonction vum spezifische Besoin a vum Alter vum Kand souwéi der Situatioun, gëtt dann eng Entscheidung getraff. Dëse Prinzip ass och an enger Charte festgehalen, déi den 22. Juli 2016 vun de Ministère fir Transport, Handicap, Educatioun an Aarbecht ënnerschriwwen gouf.

Et kënn och extreem wéineg zu Fäll, wou den Transport suspendéiert gëtt: An de leschte 6 Joer sinn 8 Persounen zäitweis net transportéiert ginn, an 2 kruten eng lescht Warnung. Hei huet et sech ëm ganz konkret Fäll gehandelt, bei deenen d'Sécherheet vun all de Betraffenen, souwuel Beneficiaire wéi och d'Chauffeuren, net méi assuréiert war. E rezent Beispill: Leider koum et dëser Deeg zu engem Virfall, bei deem de Chauffer iwwert dem Fueren op déi aner Stroosessäit geroden ass. Och hei muss elo no enger Léisung gesicht ginn.

Zënter der Rentrée 2021 huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend eng Méiglechkeet vu Begleedung am Schoultransport geschafe fir Schüler mat spezifische Besoinen, déi eng aussergewöhnlech prekär gesondheetlech Situatioun hunn, déi et erfuerdert, datt ee Gesondheetsberuffer matfiert, deen am Noutfall direkt kann agéieren.

Dernieft schafft de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ganz aktiv drun, fir fir d'Rentrée 2022 eng änlech Méiglechkeet vu Begleedung am Schoultransport ze schafe fir Schüler mat spezifische Besoinen, déi staark verhalensopfälleg sinn an domat eventuell eng Gefor fir sech oder anerer während dem Schoultransport kënnen duerstellen.

Wat de legale Kader ugeet, steet den Transport vu Kanner mat spezifische Bedürfnissen am Gesetz vum



18. Juli 2018 iwwer d'Kompetenzzentren; den Transport ass e „service régulier spécialisé spécifique“ laut den Definitionen am Artikel 4 vum Gesetz vum 5. Februar 2021 iwwer den öffentlichen Transport; a laut Gesetz vum 19. Juni 2009 iwwer Ordnung a Sécherheet am öffentlichen Transport dierf den Transportminister Persounen den Accès zu engem Transport verwieren.

**Piste cyclable PC22 entre Diekirch et Vianden | Question 6130 (02/05/2022) de M. André Bauler (DP)**

Et ass scho méi laang gewosst, datt et Problemer gëtt beim Akaf vun Terrainen am Bleesdall (Gemeng Tandel), fir d'Vëlospist PC22 vum Dikrech op Veianen ze amenagéieren. Et wier awer duerchhaus méiglech, schonn en Deelstéck vun dëser Pist ze verwierklechen, an zwar vu Gilsdref bis an d'Selz.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Wou ass dëse Projet de Moment drun? Läit e komplett op Äis oder gëtt d'Planung iwwerschaaft?
2. Sinn entre-temps nees Gespréicher mat de betroffenen Besëtzer vun Terrainen, déi gebraucht ginn, fir d'Vëlospist vu Gilsdref bis op Fouhren ze verlängeren an da vun do aus un déi al Eisebunnsliin vum „Benny“ unzeschléissen, gefouert ginn? Wa jo, wat sinn d'Konklusiounen?
3. Wéi héich wier de geschate Käschtepunkt, wa sech dëse Projet konkretiséiere géif?

**Réponse (09/06/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

ad 1. Den Ausschreibungsdossier zum Projet ass amgaange finaliséiert ze ginn. Am Abléck ginn déi viraussichtlech Käschte vun dësem Infrastrukturprojet am Respekt zu deenen aktuelle massiven Haussé beim Material a vun der Energie ugepasst.

ad 2. D'Missioun, fir déi néideg Terrainen ze kafen, läit am Zoustännegkeetsberäich vum Comité d'acquisition beim Finanzministère. Mengen Informatiounen no kommen d'Verhandlungen mat de jeeweilige Besëtzer awer gutt virun.

ad 3. De viraussichtleche Käschtepunkt vum Vëloswee tëscht der Bleesbréck a Furen beleeft sech op ronn zwou Milliounen Euro. Dëse Montant beinhaltet weeder d'Käschte vun den Emprisen nach weider Haussé op de Materialien an der Energie.

Zum Ofschnitt vum der Vëlospist PC22 vu Gilsdref/Dikrech bis op d'Bleesbréck wier nach ze bemerken, dass dësen Deel frëstens 2025 realiséiert ka ginn. Dëst am Kader vum zweete Lous vum Aménagement vun der rRue Clairefontaine“ tëscht Dikrech an der Bleesbréck.

**Carrières des enseignants | Question 6132 (02/05/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)**

D'Traitementsgesetz vum 25. März 2015 gesäit am Artikel 13(1) vir, dass Professoren, déi nom 1. Oktober 2015 agestellt goufen, 30 Deeg (180 Stonnen) Formation continue musse virweise kënnen, fir an de Grad 16 opzesteigen. Dësen Avancement trëtt 20 Joer no hirer Nominatioun an, soudass si 20 Joer laang Zäit hunn, fir déi noutwendeg Unzuel u Formatiounsstonnen ze sammeln. Vu dass déi betroffenen Enseignantë fir d'Erfülle vun hirer Tâche an der Moyenne souwisou 16 Stonne Formatioun pro Schouljoer leeschten mussen (bei ganzer Tâche), wäerten si deen noutwendegen Seuil vun 180 Stonnen an der Reegel ouni Problem erreechen.

Fir d'Professoren, déi virum 1. Oktober 2015 agestellt goufen, gesäit d'Traitementsgesetz am Artikel 50(5) vir, dass si 180 Stonne Formation continue musse virweise kënnen, fir den Echelon 14 vum Grad E7 ze erreeche respektiv ze iwwerschreiden. Vill vun deene betroffenen Agenten erreechen dëse Punkt vun hirer Karriär genee 11,5 Joer no hirer Nominatioun als Candidat-professeur, respektiv e puer Joer méi spéit, ofhängeg dovun, wéini si hir definitiv Nominatioun als Professor kruten.

Well et am Enseignement secondaire virun 2007 iwwerhaupt keng obligatoresch Formation continue gouf, tëscht 2007 an 2015 8 Formatiounsstonne pro Joer verlaangt waren, an eréischt säit dem Schouljoer 2015/2016 16 Stonne pro Joer, befannen sech mengen Informatiounen no eng ganz Rei Professoren an der Situatioun, dass si 11,5 Joer no hirer Nominatioun nach keng 180 Stonne Formation continue ugesammelt hunn, obwuel si Joer fir Joer all déi Formatiounsstonne geleescht hunn, déi laut hirer Tâche vun hinne verlaangt waren. Enseignant, déi länger Zäit Deelzäit geschafft hunn, beispillsweis fir sech doheem kënnen em hir eege Kanner ze këmmern, wärend vun dësem Problem nach méi heefeg betraff.

An deem Kontext wëllt ech folgend Froen un den Här Minister fir Education, Kanner a Jugend an un den Här Minister fir den öffentlichen Déngscht stellen:

1. Kënnen d'Häre Minister fir Education, Kanner a Jugend a Minister fir den öffentlichen Déngscht confirméieren, dass et aktuell Enseignantë gëtt, déi am Avancement vun hirer Karriär blockéiert sinn, well si beim Zäitpunkt vum Erreeche vum Echelon 14 nach keng 180 Stonne Formation continue nowise konnten?
- Falls jo, goufen déi betroffenen Agenten doriwwer informéiert, dass hir Karriär esou laang agefruer bleift, bis si de Seuil vun 180 Stonnen erreecht hunn?
2. Begrenzt sech déi uewe beschriwwe Situatioun op den Enseignement secondaire, oder sinn heivun och Fonctionnaires aus dem Enseignement fondamental betraff?
3. Wéi erklären d'Häre Ministeren, dass virun der Reform vun 2015 agestellten Enseignant de Seuil vun 180 Stonne deelweis schonn no 11,5 Joer mussen erreecht hunn, wärend déi no 2015 agestellten Enseignant heifir 20 Joer Zäit hunn?
4. D'Traitementsgesetz vum 2015 gesäit am Artikel 50(5) vir, dass de Ressortminister eng motivéiert Dispens vun der Konditioun vun deenen 180 Stonne Formation continue ausschätze kann.
- Gedenkt den Här Minister fir Education, Kanner a Jugend vun dëser Dispositioun Gebrauch ze maachen, fir déi Enseignant, déi ëmmer déi laut hirer Tâche erforderlech Unzuel u Formatiounsstonne geleescht hunn, net an hirer Karriär ze blockéieren?
- Falls net, firwat?

**Réponse commune (07/06/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique**

ad 1. Aktuell gëtt et effektiv Enseignant, déi an hiren Avancementer vun hirer Karriär blockéiert sinn. Déi betraffe Leit wäerten och iwwer hir Situatioun vum Educationsministère informéiert ginn.

ad 2. An déi uewe beschriwwe Situatioun ka generell all Enseignant vum Régime transitoire kommen, onofhängeg dovun, ob hien am Enseignement secondaire oder am Enseignement fondamental schafft.

ad 3. D'Struktur vun den Enseignantscarrières, viru respektiv no der Reform vun der Fonction publique

vun 2015 ass eng aner. Virun 2015 agestellten Enseignant sinn am „E-Tableau“ („Régime transitoire de la rubrique Enseignement“) klasséiert. No 2015 agestellten Enseignant ginn awer an den „A-Tableau“ („Administration générale“) klasséiert, sou wéi déi administrativ, technesch an edukativ Agenten.

Et ass awer esou, datt och d'Agenten aus dem „A-Tableau“ scho musse virun 20 Joer Déngscht eng bestëmmten Unzuel u Formation continue virweise kënnen, notament beim Passage vum „niveau inférieur“ an den „niveau supérieur“, wat schonn no zweilef Joer geschitt. Hei muss all Agent, ob Enseignant oder net, 72 Stonnen (12 Deeg) Formation continue virweisen, fir kënnen an der Karriär ze avancéieren. Fir an de leschte Grad ze kommen, muss den Agent 180 Stonnen (30 Deeg) Formation continue virweisen. Dat sinn d'Conditions de formation, sou wéi se an den Artikelen 12 an 13 vum Gehältergesetz virgesi sinn.

Wat d'Enseignant aus dem „E-Tableau“ ubelaangt, sou gesäit den uewen erwänten Artikel 50 Paragraph 5 eng Formation continue vun 180 Stonnen (30 Deeg) vir, fir vum Echelon 14 an den Echelon duerno ze beneficiéieren, dat an de Graden E7, E6, E5 an E3ter. Allerdéngs, an duerch eng Derogatioun zu dësem Prinzip, gesäit dëse Paragraph och vir, datt déi conceréiert Enseignant wärend enger Iwwergangsphas vu fénnef Joer (2015-2020) och ouni dës Formation continue an déi genannten Echelone klasséiert kënnen ginn, en attendant datt se déi 30 Deeg bis zum Enn vun dëser Period gemaaht hunn. Zu dësem Zweck ass hinnen e Kredit vum 72 Stonnen (12 Deeg) Formation continue bonifiéiert ginn, soudatt si just nach eng Formation continue vun 108 Stonnen (18 Deeg) hu misse maache wärend där Period.

ad 4. Déi motivéiert Dispens, déi den Artikel 50 Paragraph 5 aus dem Gehältergesetz virgesäit, gouf och scho bei enger Partie Enseignant benotzt, ënner anerem dann, wann en Enseignant Deelzäit geschafft huet, fir sech em déi eege Kanner ze këmmern. An esou oder änleche Fäll kann et nämlech duerchaus virkommen, datt en Enseignant, obwuel e seng Formation continue gemaaht huet, wéi et seng Tâche vun him verlaangt, net op déi erforderlech 180 Stonne kënnt.

Fir dëse spezielle Situatiounen Rechnung ze droen, an den Enseignant net ze schueden, gouf dofir op dës Dispens zeréckgegraff.

**PNM 2035 - Plan national de mobilité | Question 6133 (03/05/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)**

Den 2. Mee huet den Här Minister dem „Tageblatt“ en ausféierlechen Interview ginn, wou hie seng Visiounen fir d'national Verkéiersinfrastruktur bis 2035 duerchleucht huet a besonnesch op den Ausbau vun de Vëlosweeër agaangen ass. Den Här Minister huet dobäi betount, datt hie virgesäit, fir d'Autoen an Zukunft ëmmer méi staark aus eisen Uertschaften erauszehalen an dës Politik och duerch baulech Moossnamen ze begleeden. Sou ass zum Beispill ze liesen: „Ich denke daran, Parkstreifen zugunsten eines Radwegs zu opfern.“ Weider kënnt de Minister um Schluss och zur Conclusioun: „Ich habe doch keine Lust, in eine Stadt zu reisen, wo es nur so von Autos wimmelt [...] Lebensqualität bedeutet, dass die Stadt den Menschen gehört.“ Elo ass et awer sou, datt och hannert all Auto op d'mannst ee Mënsch steet, deen dës benotzt, zum Beispill well e schwéier Kommissiounen transportéiert, well d'Meteo net attraktiv ass, fir mam Vëlo ze fueren, oder well et him kierperlech guer net anescht méiglech ass.



Allgemeng geet aus dem Här Minister sengen Ausféierung jiddefalls ervir, datt d'Plaz zu Lëtzebuerg eng begrenzt Ressource ass, déi notament duerch den ze erwaardenden demografesche Wuesstem déi nächst Jore weider rapid méi knapp wäert ginn. Am private Beräich dréckt dës Knappheet sech haut schonn duerch ganz héich Logementspräisser aus, während am effentleche Raum d'Veerdeelungskonflikter tëschent verschiddene Gesellschaftsgruppen, wéi zum Beispill Foussgänger, Véloschaufferen an Autoschaufferen op där anerer Säit, riskéieren, sech ëmmer méi héichzespillen. An deem Zesummenhang ass notament un dem Här Minister seng folgend Ausso an engem Interview vum 26. Februar am „Paperjam“ ze erënnere: «Je pense personnellement qu'il ne faut pas pénaliser les utilisateurs de la voiture avant la mise en œuvre d'une offre de transport alternative performante. Par contre, une fois que l'on a mis en place un système de mobilité performant, avec des alternatives à la voiture, on peut recourir au bâton pour convaincre. Si, malgré l'offre alternative existante, vous continuez à privilégier la voiture, alors vous devrez payer pour cela [...] Je pense que la majorité de la population est raisonnable et privilégiera l'offre de transport la plus attractive. Comme pour le vaccin, toutefois, il y a une part de la population que l'on ne parvient pas à convaincre. Avec la voiture, il faudra in fine donner à la part de la population qui n'entend pas adapter ses habitudes d'autres raisons de le faire.»

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1. Eng vun de Moosnamen, déi den Här Minister proposéiert, fir d'Autoen aus den Uertschaften erauszehale läit an der Émleedung vum Transitverkéier. Dës Moosnam kéim jo effektiv och den Autoschaufferen zegutt, déi doduerch méi flëssig kënnen fieren, mee wéi bei all zukünftigen Infrastrukturprojet stellt sech d'Fro vun der Plaz ëmmer méi dréngend.

Wéi eng Etüden a méiglecherweis och scho Projekte bréngt den Här Minister aktuell op de Wee, fir bei der Raumerklärung vun där strikter Limité op d'Notze vun der Uewerfläch ewechzekommen an aner Alternativen ze erschliessen? Wéi eng Etüden a Projekte plängt den Här Minister, fir den allgemengen Tunnelbau ze intensivéieren an domat souwuel den Transitverkéier mam Auto wéi iwwer d'Eisebunn an den nächste Joren a Joerzénge méi staark ënnerierdesch kënnen ëmzeleeden? Ginn an deem Sënn och scho Modeller aus dem Ausland studéiert? Falls jo, wéi eng?

2. Wéi schonn uewen zitéiert, gesäit den Här Minister vir, fir de knappe Verkéiersraum an den Uertschaften zulaaschte vun den Autosfuere net ze verdeelen, zum Beispill andeems nach méi Parkméiglechkeete verschwannen. Wéi och schonn uewe geschriwwen, géif sou eng Decisioun fir vill Leit nei Aschränkungen an de Risiko mat sech bréngen, datt nach méi, besonnesch kleng Geschäfte, aus den Uertschaften verschwannen. Wéi beispillsweis de Projet vun der Passerelle ënnert der neier Bréck am Sënn vun der Fro virdrun weist, läit déi beschte Lösung duerfir ëmmer nach doran, no Weeër ze sichen, fir neie Raum ze schafen.

Gesäit den Här Minister vir, fir d'Geneemegungsprozedur fir de Bau vun ënnerierdeschem privatem Parkraum zesumme mat deenen aneren zoustännegen Verwaltungen ze vereinfachen a sou och duerch d'Mobiliséierung vu privatwirtschaftleche Ressourcen Ofhëllef ze leeschten? Kéint den Här Minister sech an deem Sënn och virstellen, de Bau vu gewerbleche Parkplazen an Zukunft méi staark mat private Wunnbauprojeten ze verbannen?

3. Wéi besonnesch dat däitscht Beispill weist, kann et am Verkéier net nëmme zu Konflikter tëschent

Autoschaufferen an anere Gruppe kommen, mee och ganz staark zu anere Gruppen ënnerteneen, zum Beispill Véloen a Foussgänger, an op diicht frequentéierte Strecken deelweis och den Trammen a Foussgänger. Kann den Här Minister elaboréieren, firwat hien sech bei der aktueller Verkéiersplangung duerfir sou staark op d'Oppositioun géint den Auto fokusséiert, ouni op aner potenziell Sträitpunkten anzegoen?

4. Allgemeng ass unzuehuelen, datt den Haaptproblem, deen dës Regierung beim Auto gesäit, an den CO<sub>2</sub>-Emissiounen vun de Verbrennungsmotoren läit. Wann awer déi individuell Mobilitéit ëmmer méi staark ageschränkt gëtt, ass d'Elektromobilitéit gläichermooes beträff. Iwwert wéi eng Rechtssécherheet verfüegen déi Leit, déi aktuell héich Zommen an déi entspriechend Infrastrukturëmstellung investéieren, datt si herno net op deene Käschte sëtze bleiwen, well si souwiesou néirens méi mam Auto hinkommen?

**Réponse (09/06/2022) de M. François Bausch,** Ministère de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Am nationale Mobilitéitsplang fir 2035 sinn dräi Verkéiersinfrastrukture virgesinn, déi op d'mannst zum Deel ënnerierdesch verlafen: de Contournement de proximité vun Dikrech (Säit 118), de Contournement de proximité vun Ettelbréck (Säit 118), an zu Dummeldeng eng nei Verbindung tëscht der N7 an der N11 (Säit 114), fir Beggen, Eech an Dummeldeng vum Transitverkéier ze entlaaschten.

ad 2. Ewéi am Koalitionsaccord virgesinn, wäert nach an dëser Legislatur eng Parkraumstrategie publizéiert ginn. Den nationale Mobilitéitsplang identifizéiert d'Gestioun vum Parken als eng vun deene fënnf groussen Opportunitéiten, fir d'Demande u Mobilitéit bis 2035 an de Grëff ze kréien (Säit 30). Ob een eng Parkplaz fënnt, hänkt net dovun of, wéi vill Parkplaze gebaut goufen, mee wéi vill der fräi sinn (Säit 176). Et ass also net d'Zil, iwwerall ëmmer méi Parkplazen ze bauen (Säit 174), mee déi existent an déi nei Parkplazen esou ze verwalten, dass déi Nutzungsart, déi op enger bestëmmter Plaz grad am sënnvollsten ass - ewéi zum Beispill als Client kuerz eppes akafen ze goen - do och ee Virdeel huet (Säiten 30 an 176). Well keng Lëtzeburgeresch Stad sech bis 2035 nach 40 % méi Autostrafic wënscht, spillen d'Parkanlage P&R am Plan national de mobilité eng wichteg Roll a ginn och massiv ausgebaut (Kaarten op de Säiten 42 an 114 bis 172).

ad 3. Säit den Tram 2017 an der Stad fiert, wou e mëttlerweil eng 75.000 Leit den Dag transportéiert, ass et am Ganzen zu dräi lichter blesséierte Foussgänger komm, an zu véier sougenannte geféierleche Situatiounen, woubäi awer kengem eppes geschitt ass. Bei den Accidenter tëschent Tram a Vélo gouf et bis elo keng Accidenter mat Blesséierten a véier geféierlech Situatiounen, bei deenen awer och keen zu Schued komm ass. Dës Zuele stinn am Géigesaz zum Autosverkéier, wou an de Joren 2017 bis 2021 18 déidlech Accidenter mat Foussgänger (2022 ass bis elo eng Persoun leie bliwwen), 180 schwéier verletzt Foussgänger an 120 schwéier verletzt Cycliste souwéi 563 lichter blesséiert Foussgänger an 260 lichter blesséiert Cycliste ze verzechnen sinn. Déi geféierlech Situatiounen ouni Persouneschued gi beim Autosverkéier net erfaasst. Wat d'Cohabitatioun tëschent Foussgänger a Cyclisten ugeet, esou gëtt déi laut Émfroe vu béide Säiten als stressig empfongen, woubäi et an de Jore 2017 bis 2021 zu sechs (Foussgänger a Cycliste) schwéier Blesséierten an 19 lichter Blesséierte komm ass. Den nationale Mobilitéitsplang gesäit vir, dass fir Foussgänger a Cyclisten op d'mannst iwwerall do, wou der vu béide

Gruppe vill ënnerwee sinn, et eng kloer vunenee getrennten Infrastruktur soll ginn.

ad 4. Am nationale Mobilitéitsplang steet ënnert anerem op de Säiten 81, 85, 88, 118 an 120, dass een och am Joer 2035 nach iwwerall mam Auto soll hinkommen. Ewéi an anere Länner a Stied kann et awer vereenzelt sinn, dass een am Interêt vun der Verkéierssécherheet a Liewensqualitéit an der eegener Uertschaft par rapport zu haut een onbedeuten den Detour muss fieren, well engem säin Uertschär verkéiersberouegt ginn ass.

**Incendies de voitures | Question 6136 (03/05/2022) de M. Fred Keup | M. Jeff Engelen (ADR)**

De Parking Rousegärtchen ass säit dem Summer 2019 zou, well en duerch de Brand vu gläich e puer Autoe schwéier beschiedegt gouf. An der däitscher Stad Kulmbach hat d'Gemeng no engem änleche Brand an hiren Déifgaragen e provisorisch Parkverbuert fir Elektroautoen erlooss, bis de Pompjeeë fir den Eescht-fall eng entspriechend Spezialausrüstung zur Verfügung stoung. An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 1774 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser huet d'Regierung duergeluecht, wéi eng Formatiounen eis Pompjeeë fir esou e Fall duergelafen a wéi een Equipement hinnen zur Verfügung steet. D'Regierung huet awer och geschriwwen: „Dem Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) no leie bis eswell keng Statistike vir, mat deenen et méiglech wier, eng spezifesch Ausso iwwer Bränn vun Elektroautoen zu Lëtzebuerg ze maachen.“

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, zu wéi vill Accidenter et während de Joren 2013 bis 2021 koum, wou en Auto a Brand geroden ass, wat déi wichtegst Ausléiser vun dëse Katastrophe waren an iwwert wéi een Undriff d'Gefierr jee weils verfüügt hunn?

2. Kann d'Regierung am Sënn vun der Fro virdrun elaboréieren, wéi eng allgemeng Erfahrungswärter aus dëse Katastrophen zeréckbehale goufen, fir datt se zukünftig besser kënnen vermidde ginn? Kann d'Regierung doriwwer eraus preziséieren, wéi eng Erkenntneser fir den zukünftigen Amenagement vun Déifgaragen aus dem Brand um Parking Rousegärtchen zeréckbehale goufen?

3. Nieft deenen effentlechen Déifgaragen, kënn et och vir, datt Wunngebaier, déi sech an enger privater Kopropriétéit befannen, iwwert en ënnerierdesche Parking verfüegen. Wien ass haftbar, falls d'Matpropriétéären, oder Drëtter, duerch de Brand vun engem Gefier zu Schued kommen? Wéi eng speziell Dispositioun gëllt fir de Fall, datt esou en Accident am Fall vun engem Elektroauto op d'Luedstatioun zeréckzeféieren ass?

**Réponse commune (07/06/2022) de M. Henri Kox,** Ministère du Logement | **Mme Sam Tanson,** Ministère de la Justice | **Mme Taina Bofferding,** Ministère de l'Intérieur

De Staat verfüügt iwwert keng Donnéeën, wéi vill Autoen vun 2013-2021 a Brand gerode sinn, esou wéi och keng Statistiken iwwert d'Ausléiser vun de Bränn.

Trotzdem ass ervirzuehuelen, dass de Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) gutt ausgebild an equipéiert ass, fir ënner normalen Émstänn e Brand vun engem Auto, also och engem Elektroauto ze läschen.



Weider muss ee preziséieren, dass dat taktescht Virgoe bei Accidenter a Bränn mat Gefierer mat modernem Undriff (also och Elektroautoen) schonn zënter Joren e Bestanddeel vun der Ausbildung vun all Pompjee ass. Esou bitt de CGDIS och eng speziell Formatioun fir Asätz an ënnerierdesche Verkéiersanlagen un. Déi do geléiert Taktik eegent sech aus deem Grond, fir e Brand vun engem Elektroauto an engem Parking oder Tunnel ze läschen.

Fir sech op weider Entwécklungen (nei Batterien, Elektrocamiounen etc.) optimal virzebereeden, huet de CGDIS e reegelméisseg Austausch mat auslännesche Pompjeeën an Experten.

Laut Analyse vum Brand am Parking Rousegäertchen ass der ITM hir Aschätzung, datt keng Upassung vun den aktuellen ITM-Virschrëften néideg ass am Kader vum Kommodosgesetz, fir d'Sécherheet vum Public a vum Voisinage am Allgemenge souwéi d'Sécherheet, d'Hygiène an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz, d'Salubritéit an d'Ergonomie ze garantéieren.

Falls et an enger Copropriétéit zu engem Brand vun engem Auto kënn, ginn déi klassesch Dispositiounen vum Code civil iwwert d'Responsabilitéit vun de Saachen, also den Artikel 1384 Alinea 1 ugewannt. Dës Bestëmmung seet, dass een net nëmme responsable ass fir déi Schied, déi duerch seng eegen Aktiounen entstinn, mee och fir déi Schied, déi zestane komm sinn duerch Persounen, fir déi een haft, oder Saachen, op déi ee waacht.

Bei engem gewéinleche Brand ass de Propriétaire haftbar, soubal eng Kausalitéit tëschent dem Schued an der Ursach besteet, an deem Fall dem Brand vum Auto. Falls de Brand duerch e Verstouss géint d'Gesetz entstanen ass, kann den Auteur vun der Brandstëftung um strofrectlechen Niveau belaangt ginn. D'Opfer ka während dem strofrectlechen Prozess eng „partie civile“ constituéieren.

Bei engem Brand, deen op eng Luedstatioun vun engem Elektroauto zeréckzeféieren ass, gëtt et zwou Méiglechkeeten:

Falls d'Born un enger Mauer festgemaach ass, déi ënnert d'Copropriétéit fält, ass d'Copropriétéit fir de Schued haftbar; ausser wann am Acte vun der Copropriétéit aner Dispositiounen festgehalen sinn.

Falls d'Luedstatioun sech awer a sengem privaten Deel befënnt, ass de Propriétaire haftbar.

Sollt de Brand op en Dysfonctionnement vun der Born zeréckzeféiere sinn, kann een e Recours géint den Hiersteller vun der Born maachen.

Konkreet gëtt an de meeschte Fäll d'Indemnisiatioun iwwert déi jeeeweileg Assurancen ofgeséichert.

.....  
**Conseil supérieur de la santé et de la sécurité au travail** | Question 6141 (05/05/2022) de **M. André Bauler** | **Mme Carole Hartmann** (DP)

Le Conseil supérieur de la santé et de la sécurité au travail (CSSST) a comme mission d'aviser toutes les questions portant sur la santé, la sécurité et l'hygiène au travail. En 2018, le CSSST a proposé des modifications nécessaires pour assurer un meilleur fonctionnement de la médecine du travail au Luxembourg.

Et il est clair que la situation est devenue critique pour la médecine du travail au Luxembourg qui peine à trouver des candidats. Pourtant, le CSSST ne s'est pas réuni depuis 2018.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

- Pour quelles raisons le Conseil supérieur de la santé et de la sécurité au travail ne s'est-il pas réuni depuis 2018 ?

- Madame la Ministre envisage-t-elle de convoquer une nouvelle réunion du CSSST ? Dans l'affirmative, quand ? Dans la négative, pour quelles raisons ?

**Réponse** (07/06/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

Le Conseil supérieur de la santé et de la sécurité au travail (CSSST) est défini aux articles L324-1 et L324-2 du Code du travail. Ce dernier article précise que le CSSST peut donner « [...] soit d'office, soit à la demande de l'un des ministres ayant respectivement dans leurs attributions la Santé, le Travail et la Sécurité sociale, des avis sur toutes les questions d'ordre général soulevées par l'application du présent titre, et notamment sur les règlements grand-ducaux à prendre en son exécution. [...] ».

Depuis 2018, le CSSST n'a reçu aucune saisine d'un des ministres mentionnés ci-dessus.

En date du 12 avril 2022, le président du CSSST a reçu une demande signée conjointement par les syndicats des salariés et les organisations professionnelles des employeurs, les plus représentatifs sur le plan national, sollicitant la convocation d'une nouvelle réunion du CSSST.

Il s'est avéré que certains membres du CSSST n'étaient cependant plus actifs (départ à la retraite ou prise d'autres fonctions) si bien que le secrétariat du CSSST ait dû, dans un premier temps, renouveler certaines nominations. La prochaine réunion du CSSST a été fixée au 7 juin 2022.

.....  
**Regroupement familial** | Question 6142 (05/05/2022) de **M. Paul Galles** (CSV)

Dans une missive du 4 avril 2022, la Médiateure dénonce un revirement de pratique administrative de la part du Ministre de l'Immigration et de l'Asile en matière de regroupement familial en défaveur de l'administré.

En effet, jusqu'en 2021, les services du ministère en question auraient retenu une lecture extensive de l'article 70 de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration pour accorder le droit de séjour non seulement aux enfants du regroupant ou de son conjoint ou partenaire, mais également en faveur des neveux, nièces, sœurs et frères mineurs du regroupant, à la condition que le regroupant ait le droit de garde du mineur concerné.

Il s'agirait, selon les dires de la Médiateure, « d'une problématique récurrente lorsque les demandeurs sont bénéficiaires de protection internationale (BPI) en provenance d'un pays en guerre où les parents du mineur à regrouper sont décédés ou ont disparu et que par la suite le regroupant a pris en charge la garde du mineur concerné ».

Selon la Médiateure, la directive 2003/86 du 22 septembre 2003 relative au droit au regroupement familial offrirait une certaine latitude aux États membres pour étendre le bénéfice du regroupement familial aux mineurs qui ne sont pas les ascendants du requérant, voire de son conjoint ou partenaire.

J'aimerais dès lors poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Combien de mineurs ont pu profiter, avant le revirement de pratique administrative susmentionné,

des dispositions légales en matière regroupement familial et ce au-delà du cercle de bénéficiaires y ayant droit suivant une lecture littérale de l'article 70 de la loi modifiée du 29 août 2008 ? Monsieur le Ministre peut-il me fournir ces données pour les années 2016 à 2020 ?

2) Monsieur le Ministre partage-t-il l'avis de la Médiateure suivant lequel la législation européenne et plus particulièrement par la directive 2003/86 susmentionnée n'exclut pas le regroupement familial en faveur de mineurs qui ne sont pas ascendants du requérant, voire de son conjoint ou partenaire ?

- Dans l'affirmative, Monsieur le Ministre entend-il prendre une initiative législative en la matière ?

- À défaut, Monsieur le Ministre entend-il instruire ses services à adopter, comme cela semble avoir été fait dans le passé, une interprétation extensive de la loi modifiée du 29 août 2008 susmentionnée ? Toujours dans la négative, quelles autres solutions s'offrent, d'après Monsieur le Ministre, à ces mineurs ?

**Réponse** (31/05/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1) Il ne saurait être question d'un quelconque revirement d'une pratique administrative en la matière. Les services du ministère s'efforcent de trouver des solutions aux cas qui lui sont soumis dans le respect de la loi et des principes en vigueur. La loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration permet sous certaines conditions d'accorder le droit de séjour non seulement aux enfants du regroupant ou de son conjoint ou partenaire y assimilé, mais également aux neveux, nièces, sœurs et frères mineurs du regroupant.

Il n'est pas possible de fournir les données spécifiques demandées dans la mesure où les chiffres relatifs aux bénéficiaires des articles 70 et 78 (cf. réponses subséquentes) de la loi modifiée du 29 août 2008 ne permettent pas de distinguer le cas de figure spécifique des mineurs venus dans le cadre d'une tutelle.

ad 2) Dans la question posée, « ascendants » est à remplacer par « descendants ».

La directive en question prévoit, s'agissant des réfugiés, que les États membres peuvent autoriser le regroupement d'autres membres de la famille s'ils sont à charge du réfugié (article 10). Il s'agit d'une faculté pour les États membres.

Au Luxembourg, la législation nationale tient compte de cette faculté en offrant la possibilité, à travers les dispositions de l'article 78, paragraphes (1) et (2) de la loi modifiée du 29 août 2008, d'accorder une autorisation de séjour pour des raisons privées non seulement aux autres membres de famille des bénéficiaires d'une protection internationale, mais de façon plus générale à tout ressortissant de pays tiers qui ne remplit pas les conditions du regroupement familial, mais dont les liens personnels ou familiaux, appréciés notamment au regard de leur intensité, de leur ancienneté et de leur stabilité, sont tels que le refus d'autoriser son séjour porterait à son droit au respect de sa vie privée et familiale une atteinte disproportionnée au regard des motifs de refus.

Les conditions de preuve y liées, dont notamment les conditions de logement, d'une assurance maladie et de ressources stables sont similaires à celles exigées pour le regroupement familial des membres de la famille nucléaire.

- La loi modifiée du 29 août 2008 susmentionnée étant non seulement conforme à la lettre et à l'esprit



de la directive, mais allant même au-delà de ce que prévoit cette dernière, aucune initiative législative en la matière n'est envisagée.

- La pratique actuelle tenant pleinement compte des possibilités offertes par la législation nationale, une modification n'est pas indiquée.

#### Construction d'une usine de nanotubes de graphène | Question 6144 (05/05/2022) de M. Laurent Mosar (CSV)

Dans un article publié récemment sur Reporter.lu, « Black Box Ocsial », il est question de l'entreprise Ocsial, qui entend construire sur le sol luxembourgeois la plus grande usine de nanotubes de graphène du monde. Le projet, qui a pris du retard, a déjà obtenu le feu vert du Gouvernement. D'après les informations publiées, l'entreprise est soutenue par des investisseurs d'origine russes aux pratiques parfois douteuses.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie :

- Où en sont les projets d'Ocsial ? Le Gouvernement peut-il confirmer que le projet d'une usine de nanotubes de graphènes sera toujours réalisé au Luxembourg ?

- Quel est le montant global des investissements ?

- D'après les chiffres qui circulent, plus de 300 emplois pourraient être créés. Le Gouvernement peut-il confirmer le nombre d'emplois prévus ?

- Le Gouvernement a prévu de soutenir Ocsial par une « aide à l'investissement ». Est-ce que le Gouvernement entend maintenir sa subvention ?

- Est-ce que le Gouvernement connaît les bénéficiaires économiques de l'entreprise ? Dans l'affirmative, est-ce que le fait que les investisseurs sont d'origine russe et auraient des pratiques douteuses pose-t-il problème au Gouvernement ?

#### Réponse (09/06/2022) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

La société Ocsial a annoncé le 22 février 2022 par voie de presse avoir obtenu le feu vert pour la réalisation de son potentiel site de production prévu à Differdange. D'après les informations fournies par la société au Ministère de l'Économie, celle-ci serait en train de finaliser la demande d'autorisation de bâtir pour l'introduire aux services communaux de la Ville de Differdange. L'entreprise reste déterminée à réaliser son projet de « Graphene Nanotube Center ».

Depuis l'annonce au public en 2017, le projet d'investissement d'Ocsial a augmenté en taille et il représente aujourd'hui un investissement global estimé entre 320 et 340 millions d'euros et devrait générer environ 320 emplois.

En date du 17 octobre 2017, Ocsial a soumis une demande d'aide à l'investissement sur base des dispositions de la loi modifiée du 20 juillet 2017 ayant pour objet la mise en place d'un régime d'aide à l'investissement à finalité régionale. Après analyse, le projet a été avisé positivement et une convention d'aide qui, sauf prolongation, vient à échéance a été signée le 6 décembre 2019. Aucune tranche de l'aide n'a été déboursée jusqu'à présent.

Dès les premiers contacts avec le Ministère de l'Économie et dans le cadre de sa demande d'aide à l'investissement, la structure de l'actionnariat a été vérifiée. Depuis, l'actionnariat a évolué à plusieurs reprises par l'entrée dans le capital de nouveaux actionnaires. À la lumière des événements en Ukraine

et des sanctions contre la Russie et le Belarus, le Ministère de l'Économie est en train d'effectuer une mise à jour de ses informations de concert avec les autorités compétentes.

#### Conclusions tirées des épreuves standardisées | Question 6145 (05/05/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Wéi sinn d'Schüler zu Lëtzebuerg duerch d'Pandemie kumm? Op dës an aner Froen liwweren d'Resultater an Erkenntnisser aus den „épreuves standardisées“ 2021 Äntwerten. Doriwwer eraus ginn eng Partie Recommandatiounen fir bestëmmten Aktivitéits- an/oder Problemfelder formuléiert.

An dësem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Wéi eng Suite kréien d'Recommandatiounen, déi am Kader vun der Auswärtung vun den „épreuves standardisées“ formuléiert gi sinn?

- Wat ass geplangt, fir d'Kompetenzen am mëndlechen Däitsche fréizäiteg bei de Kanner ze férdere?

- Wat ass geplangt, fir d'„Compréhension de l'oral en allemand“ méi différenciéiert ze férdere?

- Wat ass geplangt, fir déi schrëftlech Kompetenzen am Däitschen ze férdere?

- Vu wéini un a bis wéini sollen dës Recommandatiounen ëmgesat ginn?

- Ass eng Auswärtung dovun geplangt?

• Wa jo, bis wéini?

• Wann net, firwat net?

#### Réponse (07/06/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

D'Épreuves standardisées vum LUCET vun der Universitéit Lëtzebuerg, déi zesumme mam Ministère opgebaut goufen an an den nächste Joren och op d'Schoule mat internationalen an europäesche Programmer ausgeweit ginn, sinn e staarken Outil, fir de Schoulsystem kontinuéierlech ze monitoren a weiderzuentwéckelen. D'Resultater an d'Analyse vun de Resultater fléissee permanent an d'Fuerschung op der Universitéit du Luxembourg an, an awer och an d'Entscheidungsprozesser zu Interventiounen a Reformen, déi vum Ministère aus initiéiert ginn.

Wat déi konkret Recommandatiounen aus dem Mee 2022 ugeet, sou bestätegen dës déi bestoend Handlungsfelder, déi vum Ministère identifizéiert goufen, fir Interventiounen an Adaptatiounen virzehuelen:

D'Liesen an d'Lauschteren an der Sprooch vun der Alphabetiséierung sinn dobäi d'Handlungsfelder, déi vum LUCET als Prioritéit ugesi ginn, an ënner anerem och dowéinst wäert vun der Rentrée 2022/2023 un e wichtege Pilotprojet duerchgefouert ginn, deen den Elteren d'Wiel gëtt, ob hir Kanner op Däitsch oder op Franséisch alphabetiséiert ginn. Dës nei Offer, déi a véier Schoulen a véier verschidde Gemengen erprouft gëtt, ergänzt domat d'Offer vun den effentleche Schoulen mat europäeschen an internationale Programmer, déi weider Alternative bidden, wat d'Alphabetiséierungssproochen ugeet. Heideruech erhoffe mir eis, datt sech d'Liesen- an d'Lauschterelieure vun de Schülerinnen a Schüler, déi am aktuelle System Schwieeregkeete mat der däitscher Sprooch an e méi einfachen Zougang zum Franséischen hunn, verbessert. Et sinn nämlech och virun allem dës Kanner, déi an den Épreuves standardisées manner

gutt ofschneiden an insgesamt am System Schwieeregkeeten hunn, unzekommen.

Donieft ginn awer och weiderhin am traditionelle System Efforten ënnerholl, fir Interventiounen virzehuelen, déi d'Kompetenzen am Lauschteren an am Liesen vun alle Schülerinnen a Schüler verbessern. Engersäits ginn heifer weiderhin den Enseignant an den Enseignantë didaktesch Materialien, wéi zum Beispill d'Plattform „onilo.de“, zur Verfügung gestallt an anerersäits fanne kleng Interventionsstudie statt, an deene Methoden a Materialien erprouft ginn, an déi dann, wann se erfollegräich sinn, iwwert d'Formation continue vum IFEN implementéiert ginn, respektiv an d'Materialien, déi vum SCRIPT editéiert ginn, agebett ginn. Rezent huet de SCRIPT, als Beispill, an zwou Regiounen eng Method ausprobiert, fir d'Liesflëssegkeet vu Schülerinnen a Schüler am Cycle 3 ze verbessern. Déi éischt Retoure si positiv a mir wäerten dës Method am nächste Schouljoer weider testen, fir - falls sech d'Resultater bestätegen - déi heibäi entstane Materialien un all d'Enseignantë an Enseignantë weiderzeginn. Wat d'Virbereedung op d'Liesen-, Lauschteren- a Schreiwelieren ugeet, sou ass méttlerweil d'Material „SILA - phonologesch Bewusstheet“ an alle Klasse vum éischten Cycle disponibel an d'Offer gouf ëm eng Applikatioun „Lauschterwee mam SILA“ ergänzt, déi vum Hierscht un och op Däitsch a Franséisch genotzt ka ginn. Dozou gëtt et och Formatiounen fir d'Leierpersonal.

Den Impakt vun dësen Interventiounen gëtt och weiderhin iwwert d'Épreuves standardisées gemooss.

#### Maladies transmises par des tiques | Question 6147 (05/05/2022) de M. Gusty Graas (DP)

La saison des tiques commence d'habitude en avril. Avec le changement climatique, d'autres espèces de tiques apparaissent de plus en plus au Luxembourg qui peuvent également transmettre des agents pathogènes à l'homme. Les infections principales sont la maladie de Lyme et la méningo-encéphalite à tiques.

À ce sujet, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

- Combien de personnes ont dû être soignées depuis 2015 après une morsure de tique ? Quelles maladies ont été détectées ?

- La tique *Dermacentor marginatus*, ou « Schafzecke » en allemand, n'a pas encore été détectée au Luxembourg, mais elle s'est déjà propagée en Rhénanie-Palatinat. Madame la Ministre estime-t-elle que cette espèce de tique puisse représenter un danger réel pour le Luxembourg à l'avenir ?

- Madame la Ministre n'est-elle pas d'avis que la campagne de sensibilisation « Attention aux tiques ! », élaborée en 2016, devrait à nouveau être communiquée de manière plus visible à la population ?

#### Réponse (07/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

Le Ministère de la Santé ne possède pas de statistiques sur les personnes qui ont dû se faire soigner pour morsure de tique. Par contre, depuis la loi du 1<sup>er</sup> août 2018 sur les maladies à déclaration obligatoire, entrée en vigueur le 1<sup>er</sup> janvier 2019, la Direction de la santé obtient des informations sur certaines maladies transmises par des tiques.

Sont ainsi à déclaration obligatoire : la maladie de Lyme (borréliose) sous sa forme d'érythème chronique migrant et les formes neurologiques, ainsi que la méningo-encéphalite virale ou FSME (Früh-sommer-Meningoenzephalitis).



Aucun cas de transmission locale de FSME n'a été constaté. Pour la maladie de Lyme, 23 cas ont été déclarés en 2019, 47 en 2020, 13 en 2021, et - à ce jour - 1 seul en 2022.

Avec le changement climatique, il est fort probable que la population de tiques changera avec apparition de nouvelles espèces. Ceci est d'ailleurs aussi le cas pour certaines espèces de moustiques. La Direction de la santé collabore avec le Naturmusée pour la surveillance de ces insectes.

Il est prévu de faire régulièrement des campagnes d'information du grand public sur les tiques et les moustiques, ainsi que sur les moyens pour s'en protéger.

**Dispositif visant la lutte contre le chômage de longue durée introduit par la loi du 20 juillet 2017** | Question 6150 (05/05/2022) de Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)

Un nouveau dispositif visant la lutte contre le chômage de longue durée introduit par la loi du 20 juillet 2017 a mis en place une aide à la création d'un emploi d'insertion pour chômeurs de longue durée (EMI). Ce régime s'adresse à des employeurs publics, aux SIS, aux fondations et fédérations ainsi qu'aux associations sans but lucratif et vise la création d'emplois à durée indéterminée pour des personnes inscrites à l'ADEM et sans emploi depuis au moins douze mois et âgées de 30 ans au moins.

L'aide prémentionnée consiste en un remboursement maximal par l'État des frais salariaux plafonné à 150 % du salaire social minimum pour salariés non qualifiés, charges patronales comprises. Le remboursement des frais salariaux par l'État varie en fonction de l'âge de la personne embauchée et diminue d'une année à l'autre pour cesser après la troisième année. Pour les personnes âgées de plus de 50 ans l'aide correspond au remboursement de 100 % des frais salariaux jusqu'au jour de l'attribution d'une pension de vieillesse.

Ce dispositif qui a permis de créer des emplois à durée indéterminée pour des demandeurs d'emplois précaires, repose pourtant sur la capacité inégale des employeurs concernés à prendre en charge une partie des coûts salariaux. Tandis que les acteurs publics ont pour la plupart la capacité de prendre en charge une partie de ces coûts salariaux, des associations sans but lucratif ou des syndicats d'initiative ne disposent pas forcément des recettes ou des capitaux propres nécessaires pour prendre en charge une partie croissante des coûts salariaux, voire la totalité des coûts après trois ans. Cette différence en matière de capacités financières peut contribuer à un traitement inégal des personnes embauchées, que ce soit au niveau de la rémunération ou au niveau de la pérennité de l'emploi créé après trois ans (à l'exception des personnes âgées de plus de 50 ans).

Partant je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail :

1) Combien d'emplois ont été créés dans le cadre du dispositif prémentionné depuis l'entrée en vigueur de ce dernier ? Monsieur le Ministre peut-il me fournir une ventilation des chiffres en fonction de l'année et du type d'employeurs ?

2) Quel est le montant moyen des coûts salariaux subventionnés par emploi créé dans le cadre du dispositif pour la première année pour les différents types d'employeurs concernés ? Comment ce montant évolue-t-il depuis la création du dispositif ?

3) Quelle est la part moyenne des coûts salariaux subventionnés par emploi créé dans le cadre du dispositif

pour la première année pour les différents types d'employeurs concernés ? Comment ce pourcentage évolue-t-il depuis la création du dispositif ?

4) Quelle est la part, par type d'employeur, des emplois créés depuis l'entrée en vigueur du dispositif prémentionné qui ont été maintenus au-delà de la troisième année après la cessation de la subvention des coûts salariaux ?

5) Monsieur le Ministre envisage-t-il des adaptations au dispositif en question afin d'encourager la continuité des postes créés ?

**Réponse** (31/05/2022) de M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1) Au 17 mai 2022, l'introduction du dispositif de lutte contre le chômage de longue durée a permis l'embauche de 811 demandeurs d'emploi.

Il reste à noter que pour l'année 2022, 54 dossiers sont actuellement en cours d'instruction et que le recrutement est en cours.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

Ventilation des chiffres en fonction de l'année et du type d'employeurs :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

ad 2) Ci-dessous le tableau reprenant la répartition du montant moyen des coûts salariaux subventionnés :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

ad 3) Ci-dessous le tableau reprenant la répartition de la part moyenne des coûts salariaux subventionnés :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

ad 4) Ci-dessous le tableau reprenant la répartition de la part, par type d'employeur, des emplois créés qui ont été maintenus au-delà de la troisième année après la cessation des subventions :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

ad 5) Oui, une adaptation du dispositif en question est effectivement envisagée.

**Conditions de logement insuffisantes** | Question 6152 (06/05/2022) de Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)

Le Plan national de réforme (PNR) présenté dans le cadre du semestre européen 2022 informe e. a. sur les progrès réalisés sur la voie des objectifs de développement durable (ODD). En ce qui concerne l'objectif 1 - Pas de pauvreté, le document en question situe le taux de la population vivant dans un logement ayant soit des fuites dans la toiture, soit des murs, sols ou fondations humides, soit de la pourriture dans l'encadrement des fenêtres ou au sol à 15,4 %. Près d'un ménage sur six au Luxembourg serait ainsi mal-logé.

Ces chiffres fournis par Eurostat ne témoignent pas uniquement d'une situation très grave en matière de logement au Luxembourg, mais également d'une violation de la législation en vigueur concernant les critères minimaux de salubrité, d'hygiène, de sécurité et d'habitabilité pour les logements et chambres donnés en location.

Partant je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Logement :

1) Sur quelles données le taux en question fourni par Eurostat se base-t-il ?

2) Quels organismes nationaux recueillent des données sur le mal-logement au Luxembourg ?

3) Les communes recueillent-elles ce type de données et, dans l'affirmative, ces dernières sont-elles transmises et compilées au niveau national ?

4) Combien de fermetures de logements ou de chambres donnés en location sur base de l'article 2 de la loi de 2019 relative aux critères de salubrité, d'hygiène, de sécurité et d'habitabilité des logements et chambres donnés en location ou mis à disposition à des fins d'habitation ont été ordonnées depuis l'entrée en vigueur de ladite loi ?

5) Quelles mesures Monsieur le Ministre entend-il prendre pour lutter contre le mal-logement au Luxembourg ?

**Réponse commune** (07/06/2022) de M. Henri Kox, Ministre du Logement | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

Le taux de la population vivant dans un logement ayant soit des fuites dans la toiture, soit des murs, sols ou fondations humides, soit de la pourriture dans l'encadrement des fenêtres ou au sol auquel l'honorable Députée fait référence est calculé à partir des données de l'enquête sur les revenus et les conditions de vie des ménages au Luxembourg (EU-SILC). Cette étude, réalisée chaque année par le Statec auprès d'un échantillon représentatif de la population résidente des ménages au Luxembourg, a pour objectif de collecter des informations détaillées sur l'ensemble des sources de revenus des ménages et des personnes, mais aussi sur des thématiques sociales comme le logement, l'éducation, la santé, les difficultés financières ou encore les privations matérielles. En 2021, plus de 4.000 ménages et 10.000 individus ont été interrogés dans le contexte de cette étude. Des informations plus détaillées sur la méthodologie et les résultats de l'enquête EU-SILC sont disponibles sur le portail Internet du Statec ([statistiques.public.lu](http://statistiques.public.lu)) : « Enquête communautaire sur les revenus et les conditions de vie (EU-SILC) - Statistiques - Luxembourg ».

Le taux en question est calculé à partir des réponses à trois questions posées aux ménages sur l'état de leur logement principal :

1) Concernant votre logement, êtes-vous confronté à un problème d'infiltration d'eau au niveau de la toiture (ou du plafond) ?

2) Concernant votre logement, êtes-vous confronté à un problème d'humidité des murs, des sols ou des fondations ?

3) Concernant votre logement, êtes-vous confronté à un problème de moisissures dans les cadres de fenêtre ou les sols ?

Ces questions ont toutes les trois un caractère subjectif, dans la mesure où ce sont les ménages qui fournissent les réponses. Les réponses ne reposent donc pas sur une évaluation d'expert ni sur une analyse de l'état du logement réalisée à partir d'une liste prédéfinie de critères objectifs. Cependant, ces questions subjectives fournissent au Statec une information rapide qui peut facilement être déclinée au niveau de sous-groupe de population. Il est ainsi possible d'analyser si certains segments de la population résidente sont davantage touchés par le mal-logement que d'autres. Des analyses complémentaires ont ainsi montré que les réponses à ces questions étaient significativement corrélées avec une information objective sur le niveau de revenu du ménage : plus le



revenu est faible, plus la part des ménages concernés par le mal-logement est importante.

Aucune statistique n'existe sur le nombre de fermes de logements ou de chambres donnés en location qui ont été ordonnées sur base de la loi du 20 décembre 2019 relative aux critères de salubrité, d'hygiène, de sécurité et d'habitabilité des logements et chambres donnés en location ou mis à disposition à des fins d'habitation ainsi que du règlement grand-ducal y relatif. Suite aux observations et propositions reçues des communes et acteurs concernés, il est jugé utile et nécessaire de procéder prochainement à une adaptation de cette loi et son règlement grand-ducal, afin de clarifier certaines dispositions légales et réglementaires applicables en la matière.

## Traitements médicaux non appropriés | Question 6153 (06/05/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 5985 vu mir an dem honorabelen Deputéierte Fred Keup schreift d'Madamm Minister, datt et am Extremfall bis zu 18 Méint dauere kann, bis een zu Lëtzebuerg e Rendez-vous fir eng Mammographie kritt. Och op en dréngend benéidegten IRM musse Patienten oft laang waarden, wouduerch dem Dokter risquéieren, wichteg Informatiounen fir d'Behandlung ze feelen.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär dës Fro stellen:

- Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, zu wéi vill Feelbehandlungen et während de Joren 2013 bis 2021 allkéiers opgrond vu feelende Mammographien, IRMen a Scannen kount a wéi vill Zousazkäschten der Gesondheitskeess doduerch all Joers entstane sinn? Falls d'Madamm Minister net iwwert déi entspreichend Zuele sollt verfügen, a wéi engem Delai gesäit si da vir, eng entspreichend Etude an Optrag ze ginn an der Chamber d'Resultater ze iwwermëttelen?

## Réponse commune (07/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale

Virop sief bemierkt, datt, wéi schonn an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro 5985 detailléiert, den extreemen Delai vun 18 Méint fir e Rendez-vous fir eng Mammographie sech just applizéiert fir net urgent Fäll ausserhalb vum Programme Mammographie. Fäll, bei deenen den Dokter d'Urgence justifiéiert, ginn ëmmer prioritär traitéiert. Dëst géllt souwuel fir Mammographien, IRMen a Scannen.

Weeder de Gesondheitsministère nach de Ministère fir sozial Sécherheet hunn Donnéeën, wou eventuell Feelbehandlungen noweisbar sinn, déi an direktem Zesammenhang mat engem anormal laangen Delai an der Imagerie stinn. Éischtens gétt et keng eenheetlech Definitioun vu Feelbehandlungen an des Weideren ënnerleien dës Fäll och dem Secret médical, soudatt, ausser wann de Patient sech direkt un de Gesondheitsministère adresséiert, de Gesondheitsministère keng Kenntnis iwwer esou Fäll kann hunn.

## Évolution du nombre total des usagers des transports publics | Question 6155 (06/05/2022) de M. André Bauler | M. Max Hahn (DP)

La montée tangible des prix de l'énergie depuis l'an dernier a amené certaines gens à profiter davantage des transports publics, devenus entre-temps gratuits, à l'exception de la classe 1 dans les trains.

La flambée récente des prix des carburants depuis l'éclatement de la guerre d'Ukraine semble avoir renforcé ce phénomène.

Voilà pourquoi nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

- Monsieur le Ministre peut-il retracer l'évolution du nombre total des usagers au sein des différents réseaux d'autobus du pays depuis mai 2021 ?

- Monsieur le Ministre peut-il également informer sur l'évolution du nombre total des usagers dans les trains ?

- Monsieur le Ministre pourrait-il informer, le cas échéant, sur d'éventuels problèmes de prise en charge aux heures de pointe en raison d'une utilisation renforcée des transports publics par la population résidente et frontalière ?

## Réponse (09/06/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Les honorables Députés formulent des questions en relation avec l'augmentation importante des prix des carburants et l'impact éventuel sur l'utilisation des transports publics.

En ce qui concerne l'évolution du nombre total des usagers au sein des différents réseaux d'autobus du pays, je me permets de fournir les renseignements suivants. Le recensement des usagers dans les bus s'effectue grâce à l'installation de compteurs automatiques de voyageurs (CAV) qui enregistrent les entrées et les sorties aux différents arrêts de bus. Étant donné que les bus qui circulent sur le réseau RGTR et TICE ne sont pas encore tous équipés d'un CAV, (uniquement les bus mis en circulation après 2018 en sont systématiquement équipés,) je ne peux que donner une estimation concernant l'évolution du nombre des usagers pour les deux réseaux.

L'évolution du nombre total estimé des usagers au sein du réseau TICE depuis mai 2021 se présente comme suit :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

La fréquentation des lignes TICE et des courses scolaires varie en fonction des périodes de vacances scolaires.

Selon mes estimations, le nombre total des usagers au sein du réseau TICE au mois de mars 2022 est nettement supérieur à celui du mois d'octobre 2021 (+ 16,78 %). Or, il est encore trop tôt pour affirmer que la hausse de la fréquentation de ce réseau est directement liée à la hausse des prix de l'énergie.

Le tableau ci-après indique l'évolution du nombre total estimé des usagers au sein du réseau RGTR depuis mai 2021 :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

À part les courses de substitution, qui sont planifiées en fonction des perturbations/chantiers sur le réseau RGTR (représentant uniquement 3,3 % des courses sur le réseau RGTR), je précise que la fréquentation des lignes RGTR et des courses scolaires varie également en fonction des périodes de vacances scolaires.

Selon mes estimations, le nombre total des usagers au sein du réseau RGTR au mois de mars 2022 est proche de celui du mois d'octobre 2021 (+ 1,12 %), ce qui ne permet pas encore d'affirmer qu'il existe une corrélation entre la fréquentation du réseau RGTR et la hausse des prix de l'énergie.

L'évolution du nombre total des usagers dans les trains depuis mai 2021 se présente comme suit :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

La diminution du nombre total des usagers des trains constatée pour les mois de juillet 2021, d'août 2021, de septembre 2021, de février 2022 et d'avril 2022 est due aux vacances scolaires, pendant lesquelles les services publics sont traditionnellement moins fréquentés.

Comme le nombre total des usagers des trains pour la période de janvier à avril 2022 n'a atteint que 79 % du nombre total des usagers pour la même période en 2019, année pré-covid, je constate que les transports publics ne sont actuellement pas confrontés à des problèmes de prise en charge aux heures de pointe en raison d'une utilisation renforcée par la population résidente et frontalière.

En effet, parmi les 353 trains qui circulent chaque jour du lundi au vendredi aux heures de pointe matinales et du soir, l'occupation maximale en places assises est atteinte dans seulement trois trains.

## Surpeuplement du tram aux heures de pointe | Question 6157 (06/05/2022) de M. Max Hahn (DP)

Den Tram ass zënter senger Aféierung quasi Affer vu sengem eegenen Erfolleg ginn. Esou kéim et an der Lescht ëmmer nees dozou, dass den Tram an de Spëttestonne komplett iwwerfëllt ass, soudass d'Leit deelweis laang musse waarden, fir een Tram ze kréien, an deem nach Plaz ass.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

- Kann den Här Minister dëst confirméieren?

- Wa jo, wéi gedenkt den Här Minister, d'Situatioun ze verbessern? Ass zum Beispill virgesinn, an de Spëtzenzäiten den Takt eropzesetzen oder e Waggon bäizesetzen?

## Réponse (09/06/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Iwwert de Wee vun enger parlamentarescher Fro freet den honorabelen Deputéierte Max Hahn Informatiounen iwwert d'Auslaaschtung vum Tram an de Spëttestonnen.

Kapazität vun engem Tram sinn ënner Konditiounen vu Covid 300 Persounen, dovunner 76 Sëtzplazen. Viru Covid ass ee vu 450 Persounen ausgaangen.

Den aktuellen Takt tëschent der Gare centrale a Luxexpo ass véier Minutte vu 6.00-19.30 Auer. Dat entsprécht 15 Tramme pro Stonn a Richtung, oder enger Kapazität vun 300 x 15 = 4.500 Persounen pro Stonn a Richtung.

D'Benotzung vum Tram ass verdeelt iwwert den Dag héich. Spëtzenzäite gétt et tëschent 8.00 an 9.00 Auer a Richtung Kierchbierg, an tëschent 17.00 an 18.00 Auer a Richtung Gare. Als Beispill: Déi lescht Woch Abrëll sinn an der Moyenne owes tëschent 100 an 150 Leit pro Tram an de Spëtzenzäiten tëschent de Statiounen Hamilius a Gare transportéiert ginn.

D'maximal Kapazität läit wéi gesot bei 300 Persounen pro Tram, wat weist, datt et an der Moyenne vun der Spëttestonn nach Reserve gétt.

Iwwert den Dag verdeelt transportéiert Luxtram am Moment ongeféier 70.000 Persounen.



D'Ausso, dass den Tram a Spëttestonne komplett iwwerfëllt ass an den Tram quasi Affer vu sengem eegenen Erfolleg ginn ass, kann ech domadder net confirméieren.

Et ka sinn, dass a verschiddene Momenter am Dag, a besonnesch op der Gare, wa méi Zich zur gläicher Zäit ukommen, een Tram voll ass. Da muss een am Extreemfall op den nächsten Tram waarden, wat bei engem Takt vu véier Minutten awer och keng laang Waardezäit ass.

Wéi ech schonn am Kontext vum Plan national de mobilité 2035 erkläert hunn, ass et d'Zil, aus der éischter Tramslinn ee richtegen Tramsreseau ze maache mat insgesamt véier Linnen. Een Tramsreseau ass vill méi resilient an d'Passagéier kënnen sech besser um ganze Reseau verdeele wéi op enger eenzeger Linn.

Am Moment gëtt et och just zwee Beréierungspunkten tëscht Tram an der Eisebunn. An zwee Joer kann d'Gare périphérique um Houwald ugebonne ginn. Duerno gëtt d'Gare périphérique vun Hollerech och vum Tram erschloss. Mir verdeebelen also d'Unzuel vun den Ëmsteigepunkten Zuch-Tram, wat d'Gare centrale wäert entlaaschten. Änlech ass d'Situatioun bei den Ëmsteigepunkte Bus-Tram, wou mer vun haut 5 op muer 12 Ëmsteigepunkten an der Stad wäerten eropgoen.

Zousätzlech hu mer effektiv d'Méiglechkeet, punktuell op een Dräiminutentakt eropzegoen, wat eng Kapazitéitserhéijung vun 33 % duerstellt, also ënnert Covidbedéngunge 6.000 Persounen pro Richtung a Stonn.

Laangfristeg kënnen och méi laang Gefierer agesat ginn, falls d'Demande sech net besser sollt verdeelen a weider klëmmt.

#### Initiatives de demande d'organisation d'un référendum sur la Constitution | Question 6160 (06/05/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Säit dem Hierscht d'lescht Joer kënnen d'Bierger sech a reegelméissegem Ofstänn op hire Gemenge fir e Referendum iwwert déi nei Verfassung androen. Gëschter ass dës Prozedur fir den drëtten Deel vun der Verfassungsrevisioun ofgelaf. D'Gemenge sinn dozou verpflichtet, dem Här Staatsminister uschlëssend déi genee Zuel vun den Ënnerschrëfte matzedeele.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Leit jeeweils an all Gemeng fir déi dräi éischte Deeler vun der Revisioun ënnerschriwwen hunn?

**Réponse commune** (30/05/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | **Mme Taina Bofferdig**, Ministre de l'Intérieur

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

#### « NohaltegkeetsCheck fir Entreprises » | Question 6161 (06/05/2022) de Mme Diane Aehm (CSV)

An der rezenter Vergaangenheet gouf et vill Diskussiounen iwwer ëmstridden industriell Projeten zu Lëtzebuerg wei zum Beispill d'Implantatioun vun enger Jugurtsfabrick respektiv enger Stewofffabrick. An deem Kontext ass d'Fro um Stellegewäert vun Ëmwelt- an Nohaltegkeetsaspekter an der Lëtzebuergescher Wirtschaftspolitik opgeworf ginn. An de

Chamberdebatten iwwert eng eventuell Implantatioun vun enger Jugurtsfabrick huet Regierung annoncéiert, een „NohaltegkeetsCheck fir Entreprises“ auszeschaffen, wou prezis Krittäre sollten zeréckbehale ginn, déi néi Industriebetribler missten erfëllen, wann se sech zu Lëtzebuerg wéilten implantéieren.

An deem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wéi wäit ass Regierung mam Ausschaffe vum „NohaltegkeetsCheck fir Entreprises“?

- Wéini kann den „NohaltegkeetsCheck fir Entreprises“ applizéiert ginn?

- Kann d'Regierung iwwert d'Krittären informéieren, déi beim Nohaltegkeetscheck sollen applizéiert ginn?

**Réponse commune** (20/06/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

D'Aarbechten um „NohaltegkeetsCheck fir Entreprises“ (NoHaCheck) si gutt virukomm an d'Krittären, fir déi d'Industrieprojeten am Check wäerten analyséiert ginn, goufe schonn an enger éischter Fassung opgestallt.

Parallèll huet den Trade and Investment Steering Committee (TISC), deem sech ëm d'Koordinatioun vun der wirtschaftlecher Promotioun a Prospektioun këmmert, en theemespezifischen interministerielle Comité an d'Liewe geruff. Dëse Comité huet als Missioun, déi erstallten NoHaChecken ze begutachten. Seng Membere representéieren de Wirtschaftsministère, de Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohaltig Entwécklung, de Ministère fir Aarbecht, Beschäftigung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft, de Ministère fir Energie a Landesplanung, an de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten.

Eng éischt Reunioun vum interministerielle Comité wäert nach virum Summer stattfannen an dat gemeinsam Finaliséieren, an d'Notze vum NoHaCheck, wann e Projet sech presentéiert, ass nach fir 2022 virgesinn.

Den „NohaltegkeetsCheck fir Entreprises“ gëtt ausgeschafft an applizéiert speziell fir nei, grouss Industrieprojeten, vun deenen e regionalen an nationalen Impakt kann erwaart ginn. Erweiterungen, Ännerungen oder nei Sitte vu schonn zu Lëtzebuerg ugesidelt Betribler falen net ënnert d'Applikatioun vum Outil. Fir eng Kohärenz ze garantéieren, wäert de Wirtschaftsministère sech awer bei dem Encadrement vun esou Projeten och um « NohaltegkeetsCheck fir Entreprises » orientéieren.

Den NoHaCheck wäert esou exhaustiv wéi méiglech den Impakt vun de geplangte Projeten opweisen, ouni dobäi e groussen administrativen Opwand mat sech ze bréngen. Dofir gi prezis gewielte Krittäre genotzt, déi, ënnert anerem, folgend Beräicher ofdecken:

- Investissement
- Rentabilitéit
- Emploi
- Surface
- Waasser
- Energie
- Klima
- Loftqualitéit.

#### « Drive Pilot » | Question 6163 (10/05/2022) de M. Max Hahn (DP)

Als éischte Constructeur iwwerhaupt krut Mercedes rezent an Däitschland d'Erlaabnis, säi System vum

automatiséierte Fueren „Drive Pilot“ am Stroosseverkéier ënner ganz spezifesch Bedéngungen anzesetzen. Sou dierf deen Assistent am Stau op der Autobunn bis zu enger Vitesse vu 60 km/h komplett d'Kontroll iwwerhuelen, de Chauffeur dierf dann esouguer ganz legal den Handy benotzen.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

- Ass den Här Minister au courant vun dëser Decisioun vun eisen däitschen Noperen?

- Wäert den Asaz vum „Drive Pilot“ och zu Lëtzebuerg erlaabt sinn? Wa jo, wat wieren d'Bedéngungen? Wann net, wat wieren d'Grënn dofir?

- Wéi preparéiert Lëtzebuerg sech dorop, dass an Zukunft ëmmer méi esou Systemer op de Marché kommen? Ass virgesinn, de legale Kader unzepassen, fir d'Benotze vun dëse Systemer zu Lëtzebuerg ze erméiglechen?

**Réponse** (09/06/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Den honorabelen Deputéierte Max Hahn stellt sech Froen iwwert de System Drive Pilot vu Mercedes-Benz, deem d'autonomt Fuere vu Gefierer op der ëffentlecher Strooss ënner gewëssen Oplagen erméiglecht.

An deem Zesummenhang erlaben ech mir, fir op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5403 vum 17. Dezember 2021 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert d'autonomt Fueren ze verweisen.

#### Délais d'inscription dans le cadre de l'organisation d'un référendum | Question 6166 (10/05/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Bis den 9. Mee konnten d'Bierger sech op hirer Gemeng fir e Referendum iwwert den drëtten Deel vun der geplangter neier Verfassung androen. Et verhält sech awer sou, datt den 8. Mee dëst Joer op e Sonndeg an den 9. Mee op e Feierdag gefall sinn. Deementspriedend konnten d'Bierger also nëmme bis de 7. Mee ënnerschreiwen, obwuel dovun auszegoen ass, datt et vill Bierger géif arrangéieren, dës Prozedur grad op engem fréieren Dag wouerzehuelen.

An deem Sënn géif ech dem Här Staatsminister gär dës Froe stellen:

- Wéi eng Critère gëllen am Abléck fir d'Festleeë vum Delai vun der Aschreiwungsprozedur?

- Ass d'Regierung der Meinung, datt bei enger Referendumsprozedur d'Gemengen och sollte sonndes oder op Feierdeeg eng Méiglechkeet virgesinn, fir sech kënnen anzedroen, oder och, datt fir d'Festleeë vun den Delaie vun enger Referendumsprozedur d'Delaie sollten esou verlängert ginn, datt d'Zuel vun de Sonndeger a Feierdeeg consideréiert a kompenséiert gëtt?

**Réponse commune** (31/05/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | **Mme Taina Bofferdig**, Ministre de l'Intérieur

Den Delai fir d'Ënnerschrëftesammlung ass am Artikel 114 Alinea 3 vun der Verfassung festgeluecht. An zwar gesäit dësen Artikel vir, dass eng Ufro fir e Referendum duerch méi wéi ee Véierel vun de Membere vun der Chamber oder duerch 25.000 op de Wielerlëschte fir d'legislativ Walen ageschriwwen Wieler innerhalb vun zwee Méint nom éischte Vote an der Chamber muss gemaach ginn. Des Weidere gesäit den Artikel 9 vum ofgeännerte Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwer de Referendum um nationale Niveau vir, dass d'Gemenge minimum sechs Stonne



pro Woch mussen op sinn an dass ënnert den Öffnungszäiten ëmmer de Samschdeg muss sinn. Laut dem nämmelechten Artikel sollen d'Öffnungszäite vun de Gemengen esou fest geluecht ginn, dass, sou wäit wéi méiglech, all d'Wieler d'Méiglechkeet hunn, sech an der Gemeng ze presentéieren. Fir de Rescht dierfen d'Gemenge selwer decidéieren, wéi eng Deeg an der Woch a wéi vill Stonne pro Dag si op hunn.

D'Regierung ass der Meinung, dass dës Delaien ausräichend sinn.

**Incidence des isolements sur le déroulement de l'examen de fin d'études secondaires** | Question 6169 (11/05/2022) de **Mme Josée Lorsché** (déi gréng)

Selon le calendrier général de l'examen de fin d'études secondaires 2022 établi par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, les épreuves écrites de la session d'été commencent le 17 mai.

À l'heure actuelle, les restrictions sanitaires dues à la pandémie pèsent moins lourd qu'il y a un an. Or, selon les dispositions légales en vigueur, la période d'isolement en cas de test positif s'élève toujours à dix jours, mais peut prendre fin avant cette échéance si la personne infectée réalise à 24 heures d'écart deux tests antigéniques rapides Sars-CoV-2 dont les résultats sont négatifs. Avec le nombre journalier de nouvelles infections se situant toujours à un niveau significatif, il est dès lors probable que les isolements d'élèves auront une incidence sur le déroulement des deux sessions de l'examen de fin d'études secondaires 2022.

Alors que les rattrapages d'épreuves pour cause de maladie font régulièrement partie de l'organisation des examens, les infections à la Covid-19 constituent une exception étant donné que les élèves concernés doivent se soumettre à la disposition contraignante de l'isolement, même au cas où ils sont asymptomatiques. Pour tenir compte des infections liées à la pandémie, le ministère avait prévu en 2021 un certain nombre de mesures exceptionnelles afin d'assurer un meilleur déroulement des épreuves, dont notamment sept journées de repêchage, au lieu d'une seule en temps normaux.

Dans cet ordre d'idées, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enseignement et de la Recherche :

1) Des journées de repêchage additionnelles en raison de la pandémie sont-elles prévues pour les deux sessions d'examen de l'année 2022 ?

2) Dans la négative, un élève ayant raté deux épreuves écrites au cours d'une session à cause d'un isolement se verra-t-il automatiquement relégué à la session suivante ?

En amont des épreuves écrites et en vue de l'admission à ces dernières, se pose par ailleurs la question du droit, voire de la possibilité des élèves de participer aux devoirs de classe. Selon le règlement grand-ducal modifié du 31 juillet 2006 portant organisation de l'examen de fin d'études secondaires classiques, sont admissibles à l'examen les élèves qui ont suivi régulièrement et de façon continue l'enseignement de la classe de première et qui ont composé dans toutes les disciplines prévues au programme. Vu les dispositions d'isolement telles qu'évoquées ci-haut, il paraît possible qu'au moment du début des épreuves écrites de la session d'été, certains élèves n'auront pas encore rattrapé un ou plusieurs devoirs de classe auxquels ils n'ont pas pu participer en raison d'un isolement. Au vu

de ce qui précède, j'aimerais ajouter la question suivante :

3) Un élève qui n'aura pas rédigé tous les devoirs de classe pendant l'année scolaire ou qui n'aura pas encore reçu sa note pour un devoir rattrapé à courte échéance avant les épreuves écrites de la session d'été est-il admissible pour ces dernières ? Dans l'affirmative, quelles sont les modalités de rattrapage pour les devoirs en question ?

**Réponse** (14/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1) + 2) Pour que les élèves testés positifs à la Covid-19 et visés par une mesure d'isolement puissent passer toutes les épreuves d'examen auxquelles ils sont inscrits, sept journées de repêchage seront à nouveau organisées.

ad 3) Un élève ne peut se présenter à l'examen de fin d'études secondaires qu'à condition d'avoir composé dans toutes les disciplines prévues au programme.

Cette disposition s'impose en raison du fait que les résultats obtenus en cours d'année comptent pour un tiers dans le calcul de la note finale des six disciplines que l'élève présente à l'examen ; pour les disciplines qui ne figurent pas à l'examen, la note de l'année constitue à elle seule la note finale.

Dans le contexte de la pandémie, les directions des lycées et les enseignants ont pris toutes les dispositions nécessaires pour que les élèves qui n'ont pas composé aux échéances fixées, aient pu rattraper leurs devoirs en classe. Par ailleurs, les conseils de classe qui valident les notes semestrielles obtenues par les élèves ont été fixés à l'avant-dernier jour de cours pour donner à tous les élèves la possibilité de se mettre en conformité.

Je n'ai pas connaissance d'élèves qui auraient été exclus de l'examen pour ne pas avoir rédigé tous les devoirs en classe prévus. Quant à ceux ayant rattrapé un devoir à courte échéance avant les épreuves écrites, mais n'ayant pas reçu leur note avant le conseil de classe, ils ne sont pas exclus ; en accord avec le commissaire responsable pour la section, le conseil de classe confirme dans ce cas les notes de l'élève avant les décisions d'examen.

**Accord de principe entre l'Union européenne et les États-Unis visant à permettre des échanges de données personnelles** | Question 6170 (11/05/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

À la surprise générale, la Commission européenne vient de conclure un accord de principe avec les États-Unis visant à permettre des échanges de données personnelles.

La surprise a été d'autant plus grande que la Cour européenne de justice avait, en 2015 et 2020, invalidé deux moutures ayant précédé cet accord avec le motif que les droits des citoyens européens n'étaient pas garantis.

- J'aimerais dès lors savoir de Madame la Ministre de la Justice quelle est la position du Gouvernement luxembourgeois par rapport à cet accord permettant l'envoi de données personnelles sur les serveurs d'entreprises américaines.

- Quel est le contenu exact de cet accord et quelles pourraient en être les retombées sur l'utilisation des données de nos concitoyens ?

- Quelles sont les procédures à suivre par cet accord de principe jusqu'à sa mise en vigueur ?

- Quelles mesures techniques et juridiques font encore défaut ?

**Réponse commune** (13/06/2022) de **M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

L'honorable Député est prié de bien vouloir se référer aux éléments de réponse à la question parlementaire n° 6102 qui apportent les éclairages demandés dans la présente question parlementaire.

**Cannabis médical** | Question 6171 (11/05/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

2018 ass de Gesetzesprojet zum medezinnesche Cannabis gestëmmt ginn. Leider kouw et d'lescht Joer zu enger Rei vu Ruptures de stock, wouduerch d'Patienten hu missen op aner Medikamenter zrëckgräifen. D'Pilotphas sollt no zwee Joer an engem Rapport evaluéiert ginn.

An deem Zusammenhang wéilt ech der Ministesch fir Gesondheet dës Fro stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro N° 4349 huet d'Ministesch erkläert, dass de Rapport zur Evaluatioun vun der Pilotphas vum medezinnesche Cannabis soll am Hierscht 2021 ofgeschloss sinn.

Ass de Rapport méttlerweil disponibel? Wa jo, ass dësen ëffentlech zougänglech?

2. Wéi eng Quantitéiten u Stock si momentan u blo, giel a rout markéiertem medezinnesche Cannabis a Cannabisueleg disponibel?

3. Wéini wäerte weider Quantitéite bestallt ginn?

4. Kouw an en deene leschte sechs Méint nach zu Ruptures de stock?

5. Wéi vill Persounen kréie momentan medezinnesche Cannabis verschriwwen?

**Réponse** (09/06/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1. Jo, de Rapport ass Enn Mee 2022 vun den Experte finaliséiert ginn an der Gesondheitsministesch ënnerbreet ginn. Soubal déi intern Concertatioun ëm de Rapport d'évaluation ofgeschloss ass, wäert de Rapport och um Site vum Gesondheitsministère publizéiert ginn.

ad 2. De blo, giel a rout markéierten medezinnesche Cannabis ass e Faarfcode, dee vun der Firma Canopy Growth benotzt gouf. De medezinnesche Cannabis, deen aktuell u Lëtzebuerg disponibel ass, ass vun der Firma Tilray, déi net mam blo, giel a roude Faarfcode verfiert.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Tilray bidd aktuell kee CBD dominante medezinnesche Cannabis un, deen den Equivalent vum giel markéierte medezinnesche Cannabis vu Canopy Growth ass.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 3. Déi nächst Liwwerungen un THC18-Bléie si fir Juli an August virgesinn.

Déi nächst THC9/CBD9-Bléie wäerte viraussichtlech Mëtt-Juni geliwwert ginn.

ad 4. Säit Dezember 2021 kouw et zu kenge weidere Ruptures de stock méi.

ad 5. Säit Januar 2022 krute 587 Patientene medezinnesche Cannabis verschriwwen. Dëst entsprécht 1.741 Ordonnancen, déi fir medezinnesche Cannabis ausgestellt goufen.



**Phagothérapie | Question 6172 (11/05/2022) de M. Marc Hansen (déi gréng)**

La phagothérapie, développée et utilisée avec un certain succès dès les années 1920, consiste à utiliser des virus bactériophages, les prédateurs naturels des bactéries, pour lutter contre des infections. Or, avec l'apparition des antibiotiques, cette technologie a été délaissée par les pays occidentaux et est aujourd'hui absente de la pharmacopée européenne.

Cependant, compte tenu de la propagation de souches bactériennes multirésistantes aux antibiotiques, cette technologie constitue une alternative, ou du moins un traitement complémentaire. De nos jours, c'est principalement la Géorgie et l'institut Eliava à Tbilissi qui est connue pour l'utilisation de la phagothérapie dans le traitement des infections bactériennes. Des patient.e.s du monde entier s'y rendent afin de bénéficier de ce traitement, souvent après l'échec de traitements par antibiotiques.

En Belgique une réglementation spéciale a été adoptée qui permet d'utiliser les bactériophages dans le cadre d'une préparation pharmaceutique magistrale (préparée sur ordonnance pour un patient spécifique) et depuis 2007, l'hôpital militaire « Reine Astrid » accepte des patient.e.s dans un service spécialisé en phagothérapie.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre :

1) Est-ce que des patient.e.s affilié.e.s à la sécurité sociale au Luxembourg ont été transféré.e.s dans un service de phagothérapie à l'étranger au cours des dix dernières années ?

2) Dans l'affirmative, de combien de patient.e.s s'agit-il ?

3) La phagothérapie est-elle actuellement remboursée ?

4) Dans la négative, la phagothérapie pourrait-elle être incluse dans la nomenclature ?

**Réponse commune (13/06/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

La phagothérapie n'est actuellement pas prise en charge par l'assurance maladie-maternité. De ce fait, les assurés affiliés à la sécurité sociale luxembourgeoise ne sont pas transférés dans un service de phagothérapie à l'étranger. En effet, pour qu'un transfert à l'étranger soit autorisé, il faut que la prise en charge de ce traitement soit prévue par l'assurance maladie-maternité luxembourgeoise et que le traitement y relatif s'avère impossible ou inadéquat au Luxembourg.

Le recours à la phagothérapie peut bien constituer un traitement complémentaire, mais les conditions sous lesquelles il peut y être fait restent à être définies et un cadre réglementaire doit être mis en place.

Dans ce contexte, il est souligné que les services compétents suivent régulièrement les publications médicales des différentes sociétés savantes en matière de thérapies médicales et prise en charge des différentes pathologies, pour adapter, si nécessaire, la prise en charge de l'assurance maladie dans le respect des dispositions du Code de la sécurité sociale et notamment des articles 17 et 23.

**Lutte contre les infections nosocomiales dans les hôpitaux | Question 6173 (11/05/2022) de M. Marc Hansen (déi gréng)**

En milieu hospitalier, le nettoyage à l'aide de désinfectants puissants constitue la norme. Le but est de tuer

un maximum de bactéries afin d'éviter les infections nosocomiales. Celles-ci concernent 15 % des personnes hospitalisées dans les pays développés et ont généralement un effet nocif sur le traitement. Au pire des cas, ces infections redoutées peuvent entraîner la mort des patient.e.s. Le problème s'amplifie depuis des années, en raison de l'apparition de souches de bactéries multirésistantes, aussi bien aux antibiotiques qu'aux désinfectants de nettoyage utilisés.

À Berlin dans l'Hôpital de la Charité, un projet pilote poursuit une piste novatrice en matière de nettoyage qui est inspirée de la peau et des muqueuses humaines. Au lieu de tuer les bactéries à l'aide de désinfectants, ce qui provoque à terme une adaptation des organismes au produit, le nettoyage se fait avec des solutions probiotiques. Le but recherché est l'occupation des surfaces par des bactéries inoffensives et de faire ainsi barrage aux bactéries pathogènes. Les premiers résultats des essais montrent que les espaces nettoyés avec la solution probiotique présentent effectivement moins de bactéries et d'une plus grande variété. La plus grande biodiversité bactérienne signifie que les surfaces sont mieux protégées contre la colonisation par des agents pathogènes.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Les hôpitaux luxembourgeois sont-ils impliqués dans un projet comparable, que ce soit au niveau national ou en collaboration avec des hôpitaux ou instituts étrangers ? Dans l'affirmative, est-ce que des résultats sont d'ores et déjà disponibles ? Dans la négative, Madame la Ministre compte-t-elle faire appel à une structure hospitalière luxembourgeoise pour un tel projet pilote ?

2) Mirabank, créée en 2019 par l'IBBL et le LNS et chargée de la collecte et de l'analyse des souches des bactéries multirésistantes pour le compte de l'European Centre for Disease Prevention and Control (ECDC), est-elle impliquée dans ce genre de projet au niveau national ou international ?

3) Madame la Ministre peut-elle indiquer quels projets pilotes concernant les maladies nosocomiales et/ou les bactéries multirésistantes ont été menés dans les hôpitaux au Luxembourg au cours des dix dernières années ? Quelles conclusions ont pu en être tirées ?

**Réponse (15/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

ad 1) Le Ministère de la Santé n'a pas connaissance d'éventuelles études menées dans les hôpitaux luxembourgeois qui porteraient sur l'évaluation des performances de nouvelles méthodes de décontamination des surfaces et pour lesquelles il aurait émis une autorisation. L'étude citée par l'honorable Député est une étude de recherche clinique limitée à un seul centre hospitalier en Allemagne.

ad 2) Le projet Mirabank n'a pas vocation dans l'immédiat à évoluer les performances de nouvelles méthodes de décontamination des surfaces.

ad 3) Sur les 58 autorisations pour les études de recherche émises par le Ministère de la Santé depuis l'entrée en vigueur de la loi hospitalière en 2018, aucune n'avait pour objet les maladies nosocomiales et/ou les bactéries multirésistantes.

**Avoirs gelés suite aux sanctions à l'égard d'oligarques russes | Question 6175 (11/05/2022) de M. François Benoy (déi gréng)**

Dans sa réponse à ma question parlementaire n° 5952 du 17 mars 2022, Madame la Ministre m'a

assuré que les sanctions prises à l'égard d'oligarques russes par la décision 2014/512/PESC sont applicables au sein de la zone franche et les biens y déposés appartenant à des oligarques ou entités russes visés par la décision 2014/512/PESC doivent être soumis aux sanctions prévues.

Le 29 mars 2022, le Ministère des Finances a communiqué qu'à ce moment-là, les opérateurs luxembourgeois avaient pu geler des avoirs bancaires ainsi que des titres de capital de personnes ou entités sanctionnées à hauteur de près de 2,5 milliards d'euros.

Dans ce contexte, je voudrais avoir les renseignements supplémentaires suivants de la part de Madame la Ministre :

1) Quelle est la valeur totale respectivement le volume total des avoirs qui ont été gelés à la zone franche suite à l'application des sanctions à l'égard des oligarques ou entités russes ?

2) Combien de contrôles ont été effectués à la zone franche par les autorités compétentes depuis l'entrée en vigueur des sanctions prémentionnées ? Quelles ont été, le cas échéant, les irrégularités constatées ?

**Réponse (13/06/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances**

La valeur totale des avoirs qui ont été gelés à la zone franche suite à l'application des sanctions de l'Union européenne contre la Russie liées à la situation en Ukraine s'élève actuellement à 210.327.140 euros.

L'intégralité des opérateurs agréés en zone franche a fait l'objet d'un contrôle sur place depuis l'adoption des premières mesures restrictives le 23 février 2022. Aucune irrégularité n'a pu être constatée par les vérificateurs de l'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA.

**Manifestation le 30 avril 2022 à la place de Paris | Question 6176 (11/05/2022) de M. Fernand Kartheiser | M. Roy Reding (ADR)**

Den 30. Abrëll huet an der Stad op der Paräisser Plaz eng Manifattstionnt, déi de Lëtzeburger Biergerkollektiv den 8. Abrëll ënnert dem Titel « Pour le libre choix médical », mat engem Cortège vun der Gare op d'Plëss, bei der Gemeng Lëtzebuerg ugemellt hat. An engem Brëif vum 22. Abrëll gouf hinnen awer matgedeelt, datt si hir Manifatt „statesch op d'Paräisser Plaz“ misste begrenzen a sech fir weider Detailler un déi groussherzoglech Police sollten adresséieren. Den Dag selwer waren no Ausso vu Leit, déi selwer op der Manifatt waren, circa eng hallef Dose Polizisten, ouni Spezialausrüstung, op der Plaz, sou, datt am Virfeld wuel kaum en erhéicht Sécherheetsrisiko ugeholl ginn ass.

An deem Sënn géife mir dem Här Policeminister gär dës Froe stellen:

1. Wéi eng Ofsprooch gouf et am Virfeld vun dëser Manifestatioun tëschent dem Policeminister an de Responsabele vun der Stad Lëtzebuerg?

2. Zu wéi enger Sécherheetsaschätzung koom déi groussherzoglech Police am Virfeld vun dëser Demonstratioun a wéi eng Asazuerderen huet den Här Minister op där Basis verfaast? Kann den Här Minister der Chamber déi entsprechend Dokumenter zoukomme loossen? Falls net, firwat net?

3. Et ass kee Geheimnis, datt bei dëser Demonstratioun e politesch Uleies sollt virbruecht ginn, datt weeder der Opfaassung vun de Stater Schäfferot nach de Regierungsparteien entsprécht. Wéi wäit hu politesch Interessen eng Roll gespillt, fir dës Manifestatioun op enger bestëmmter Plaz um Bord vum



Zentrum festzusetzen, während aner Manifeste fräi konnte stattfannen?

**Réponse** (08/06/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. De Policeminister gëtt de gesetzleche Kader, fir datt d'Police kann handelen, hien ass allerdéngs net an déi operationell an alldeeglech Polizeiaarbecht agebonnen. D'Preparatiounsarbecht am Virfeld vun enger Manifestatioun fällt an den Aufgabebereich vun der Police, zesumme mam Buergermeeschter vun der beträffender Gemeng.

ad 2. D'Police verfüügt iwwert e Service d'évaluation du risque, dee kontinuëierlech déi allgemeng Bedroungslag am Zesummenhang mat spezifesch Policedispositiiven (Schutz vun auslännesche Vertriebungen, offiziell Visite vu Staatsgäscht, gréisser Manifestatiounen asw.) analyséiert. Bei där Manifestatioun, ëm déi et sech an dëser parlamentarescher Fro dréit, ass och esou eng Risikoanalys gemaach ginn.

Den Dag vun der Manifestatioun „Pour le libre choix médical“ war eng weider Manifestatioun géint de Krich an der Ukrain an der Uewerstad virgesinn. D'Madamm Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg huet als Autorité de décision, no Ofspreech mat der Police, déi zwou Manifestatiounen autoriséiert, ënner der Konditioun, dass se statesch an op sécherem Ofstand vunenee stattfannen, aus Grënn vun der ëffentlecher Sécherheet.

D'Police huet béi deenen zwou Manifestatiounen duerfir gesuergt, dass alles am legale Kader vun den Autorisatiounen ofleeft an dass d'Sécherheet vun de Bierger an d'ëffentleche Uerdnung garantéiert bleiwen.

Wéi schonn ënnert ad 1. erkläert, intervenéiert de Policeminister net an déi alldeeglech Policearbecht.

ad 3. D'Manifestatiounsrecht kann net opgrond vu politeschen Interessen ageschränkt ginn. Esou Aschränkunge sinn nëmme méiglech, wann d'ëffentleche Sécherheet, notament d'Sécherheet vun de Manifestanten an déi vun den anere Bierger, net garantéiert ka ginn.

**Intérêt de la société pour l'énergie photovoltaïque** | Question **6178** (11/05/2022) de **Mme Jessie Thill** (déi gréng)

La crise climatique, l'augmentation des prix de l'énergie et la dépendance énergétique envers des pays ne respectant pas la charte universelle des droits humains entraînent que de plus en plus de particuliers décident d'investir dans les énergies renouvelables, notamment dans l'énergie solaire, en installant des panneaux photovoltaïques. Les consommateurs deviennent ainsi des acteurs actifs sur le marché de l'énergie en participant à la transition énergétique en tant que producteur.trice.s ou même autoconsommateur.trice.s.

Dans ce contexte, j'aimerais savoir de la part de Monsieur le Ministre :

1) Combien de dossiers de demande de raccordement ont été introduits auprès des gestionnaires de réseaux de distribution au Luxembourg pour des installations photovoltaïques pour l'année 2022 ?

2) Combien de ces demandes ont concerné des autoconsommations ?

3) Quelle était la part des demandes de conseil concernant l'énergie solaire auprès des conseillers.ère.s d'énergie de la Klima-Agence au cours de l'année 2022 ?

**Réponse** (13/06/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

ad 1) + 2) Depuis le début de l'année 2022, les gestionnaires de réseau ont reçu 955 demandes de raccordement pour des installations photovoltaïques dont 676 avec l'option autoconsommation. Il faut néanmoins préciser qu'une partie des demandes est incomplète ou n'est pas à jour et que le nombre de demandes de raccordement peut ainsi fluctuer et ainsi on peut constater que l'autoconsommation connaît désormais un grand succès.

ad 3) Dans la période du 1<sup>er</sup> janvier au 30 avril 2022, 33 % des conseils en énergie ont concerné l'énergie solaire et parmi les 1.020 conseils individuels, le sujet du photovoltaïque a été abordé quelque 478 fois. Ces chiffres ne reprennent pas les demandes d'information sollicitées via la ligne directe (Hotline) de la Klima-Agence.

**Lutte contre la pédopornographie** | Question **6182** (12/05/2022) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** | **Mme Viviane Reding** (CSV)

La Commission européenne a publié en date du 11 mai 2022 une proposition de loi visant à autoriser l'analyse des conversations et communications, y compris celles chiffrées, par les entreprises de réseaux sociaux dans le but de lutter contre la pédopornographie (image, photo, film, vidéo, etc.).

Dans ce contexte, des entreprises comme META (WhatsApp, Instagram), Signal, Apple ou Google seraient forcées de créer une faille dans leur chiffrement pour surveiller les conversations et de détecter, supprimer et signaler les images illégales d'abus sexuels aux forces de l'ordre.

Cette loi future demande la création d'un cadre juridique qui crée une obligation pour les fournisseurs de services concernés de détecter, de signaler et de retirer de leurs services les abus sexuels commis sur des enfants, applicable aux contenus anciens et nouveaux, ainsi qu'aux menaces textuelles telles que le grooming.

À rappeler que dans le cadre de l'interpellation sur les abus sexuels contre les mineurs, initiée par la Députée Nancy Arendt en date du 30 juin 2021, Madame la Ministre de la Justice a rassuré la volonté du Gouvernement luxembourgeois de renforcer le dispositif législatif en vue de contribuer davantage dans la lutte contre les abus sexuels et l'exploitation sexuelle des mineurs.

Dans ce contexte, nous voulons poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Justice et à Monsieur le Ministre de la Digitalisation :

1) Madame et Monsieur les Ministres, de quelle manière le Luxembourg entend-il corriger les défaillances de la législation actuelle ?

2) Par quels dispositifs tant juridiques que digitales/informatiques, le Gouvernement veut-il faire de sorte à ce que les propositions nouvelles de la Commission soient d'urgence intégrées dans la législation luxembourgeoise ?

**Réponse commune** (15/06/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias

ad 1) + 2) Il est à l'heure actuelle prématuré de prendre définitivement position quant aux dispositions prévues par la proposition de règlement de la Commission européenne visant à prévenir et à combattre les abus sexuels sur les enfants en ligne, étant donné que cette dernière est actuellement en cours d'analyse et fera l'objet de négociations au niveau européen.

Quant au principe, il peut être salué que la Commission européenne cherche à parfaire la coopération des fournisseurs de services dans la lutte contre les abus sexuels sur enfants. Il convient cependant d'adopter une approche prudente, en lien avec d'autres droits fondamentaux, en particulier le droit au respect de la vie privée, toute ingérence devant répondre à un certain nombre de conditions de proportionnalité posées par différents instruments européens, notamment la Charte des droits fondamentaux de l'Union européenne.

Il convient également de préciser que ladite proposition de règlement devra être analysée à l'aune d'autres instruments européens prévoyant également des dispositions en matière de contenus en ligne illégaux, illicites ou publiés sans le consentement de la personne, notamment la proposition de directive de la Commission européenne sur la lutte contre la violence à l'égard des femmes et la violence domestique, présentée en mars 2022, et la proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil relatif à un marché intérieur des services numériques.

En tout état de cause, il convient de citer le projet de loi n° 7949 renforçant les moyens de lutte contre les abus sexuels et l'exploitation sexuelle des mineurs qui prévoit une augmentation de certaines peines liées aux infractions de viol et d'attentat à la pudeur<sup>9</sup>, dont le champ d'application est élargi et qui comprend également les infractions commises en ligne ou facilitées par l'utilisation des technologies de l'information et de la communication.

**Affaire « Gaardenhaischen »** | Question **6184** (12/05/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Am Kalenner vun der Affär ëm e Gaardenhaischen zu Déifferdeng gëtt et Ongereimtheeten. Op engem Lëtzeburger Radio huet d'Madamm Justizminister bestätegt, dass si déi deemoleg Ëmweltministerin iwwer de Schrack vum Parquet, fir där hir Unhéierung méiglech ze maachen, a Kenntnis gesat hätt, an zwar nach ier d'Deputéierten doriwwer informéiert gi wäeren. Doriwwer hunn ech dës Froen:

1. Ass an der Prozedur, fir e Minister an enger juristescher Affär ze héieren, virgesinn, dass dee betraffene Minister am Virfeld vun der Demande vum Parquet un d'Chamber informéiert gëtt?

2. Wann nee, wat sinn d'Grënn, firwat dee betraffene Minister net virun der Chamber vun der Demande vum Parquet soll wëssen?

3. Wäer, wann eng Informatioun vum betraffene politesche Responsabele virgesi wär, dat, am Sënn vun der Gewaltentrennung, net ausschliesslech d'Aufgab vum Parquet?

4. Fälen d'Demarché vum Parquet a säi geplangt Virgoen an esou engem Fall ënnert de „secret d'instruction“? Ass dëse „secret d'instruction“ an dësem Fall net respektéiert ginn?

5. Ass et normal Praxis, dass de Justizminister iwwert eng lafend Affär vum Parquet informéiert gëtt?

6. Wéi huet d'Madamm Minister d'Informatioun iwwert dës Demande kritt? Iwwert de Procureur général? Iwwert en anere Vertrieeder vum Parquet? Iwwert hire Ministère? Oder iwwert en anere Wee?

**Réponse commune** (09/06/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

An deem spezifesch Fall, deenen den honorablen Deputéierten uschwätzt, huet de Parquet général

<sup>9</sup> Le projet de loi prévoit une modification terminologique en « atteinte à l'intégrité sexuelle ».



moies den 21. Abrëll 2022 der Chamber den Dossier vun der Vir-Enquête an der sougenannter „affaire Gaardenhaischen“ iwwerginn. D'Madamm Solovieff, Procureur général d'État, huet d'Justizministes e puer Stonnen drop doriwwer informéiert. D'Justizministes huet deemno d'Madamm Dieschbourg zu engem Zäitpunkt informéiert, wou den Dossier vun der Vir-Enquête scho bei der Chamber louch.

Zu den éischten dräi Froen vum honorabelen Deputéierten sief ze bemierken, dass den Artikel 82 vun der Verfassung virgesäit, dass just d'Chamber iwwer eng eventuell „mise en accusation“ vun engem Minister decidéiere kann: « Art. 82. La Chambre a le droit d'accuser les membres du Gouvernement - Une loi déterminera les cas de responsabilités, les peines à infliger et le mode de procéder, soit sur l'accusation admise par la Chambre, soit sur la poursuite des parties lésées. »

Et ass allerdéngs esou, dass bis haut kee Gesetz gestëmmt ginn ass, dat eng Prozedur fir esou e Fall virgesäit. Deemno huet d'Chamber aktuell e „pouvoir discrétionnaire“ (Art. 116 vun der Verfassung), fir doriwwer ze decidéieren. Et gëtt den Ament also keng Prozedur, fir d'„mise en accusation“ vun engem Minister ze reegelen.

Et ass awer e fundamentale Prinzip an engem Rechtsstaat, dass eng Persoun, géint déi a charge an à décharge enquêtéiert gëtt, Stellung kann huelen zu de Virwërf, déi géint si virleien. Vu d'Lacune vum aktuelle System gesäit den Text vun der zukünfteger Verfassung kloer vir, dass de Ministère public zoustänneg gëtt fir d'Poursuite géint e Minister: « Art. 83. ... (3) Les membres du Gouvernement sont pénalement responsables des actes commis par eux dans l'exercice de leur fonction. Seul le ministère public peut intenter et diriger les poursuites à l'encontre d'un membre du Gouvernement pour ces actes, même après cessation de sa fonction. »

Wat de „secret de l'instruction“ ugeet, esou si kloer Exceptiounen virgesinn, dorënner den drëtten Paragraph vum Artikel 8 vum Code de procédure pénale, dee seet: « Le procureur général d'État ou le procureur d'État peut rendre publiques des informations sur le déroulement d'une procédure, en respectant la présomption d'innocence, les droits de la défense, le droit à la protection de la vie privée et de la dignité des personnes ainsi que les nécessités de l'instruction. »

An deem Sënn informéiert de Procureur général d'État munchmol de Justizminister iwwer Fäll, zu deenen och de Parquet général ëffentlech Stellung hält.

#### Embargo sur l'énergie russe | Question 6185 (12/05/2022) de M. Fred Keup (ADR)

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N° 6042 schreift den Här Energieminister zu dem potenziellen Impakt vun engem Embargo vu russeschem Gas a Pétroll ënner anerem dat hei: „Falls et an Europa den nächste Wanter dann awer zu Liwwerschwieregkeeten am Gas sollt kommen, da müssen effektiv gegebenefalls déi grouss Betriber als éischt ofgeschalt ginn, fir dass Haushaltsclintien, déi als geschützt gëllen, weider kënnen beliwwert ginn. Hei gëtt et genee Pläng, déi vun den Netzbedreiwer ausgefouert ginn a wou, ofhängeg vun de Volummen, déi feelen, festgeluecht ass wéi eng Kategorie vu Betriber ofgeschalt musse ginn.“

Dozou géif ech dem Här Energieminister gär des Nofroen stellen:

1. Huet den Här Minister déi betreffen Entreprisë vertraulich doriwwer ënnerriicht, datt si fir den Eeschtfall op enger entsprecherender Lëscht gefouert ginn an ënnert wéi enge Viraussetzungen dësen Szenario gräift, fir datt si dat an hirem Betribsplang mat kalkuléiere kënnen?

2. Kann den Här Minister matdeelen a wéi engem Délai déi betreffen Entrepreneuren iwwert den Antrëtt vum Eeschtfall informéiert ginn, fir datt si de Betribsolaf a besonnesch och komplex technesch Anlage kontrolléiert kënnen eroffnen?

3. Kann den Här Minister matdeelen, ob a Kooperatioun mat de betreffenen Entreprisë scho Sozialpläng ausgeschafft goufen, wéi d'Mataarbechter iwwert den entsprecherenden Zäitraum kënnen opgefaange ginn?

#### Réponse commune (20/06/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

Den Artikel 18 vum ofgeännerte Gesetz vum 1. August 2007 iwwert d'Organisatioun vum Gasmarché gesäit vir, dass d'Gasnetzbedreiwer an aussergewöhnleche Situatiounen déi d'Sécherheet, d'Zouverlässigkeet oder d'Effikassitéit vun de Gasnetzer a Fro stellen, all Moossname mussen huelen, fir deem entgéint ze wirken. Zu deene Moossname kann och d'Ennerbriechung vun der Versuergung gehéieren.

An deem Kontext haten d'Bedreiwer vun de Gasnetzer sech schonns 2009 zesumme gesat fir een éischte sougenannte Plan de délestage auszuschaffen. Dëse Plan de délestage beschreift wéi, de Fall gesat, de Gasverbrauch duerch Ofschalte vu verschiddene Kategorien vu Verbraucher kann der Situatioun ugepasst ginn, woubäi d'Haushaltsclintien sou laang wéi méiglech solle versuergt kënnen ginn. Dee Plan de délestage ass eng leschte Kéier am Februar 2022 vun de Gasnetzbedreiwer ugepasst ginn. D'Netzbedreiwer hunn doropshin déi potentiell betrafte Verbraucher ugeschriwwen an si iwwert hire Rôle am Kader vum Plan de délestage higewisen.

Am Fall wou d'Netzbedreiwer dee Plan de délestage missten zur Uwendung komme loosse, hänkt et vun der Urgence vun der Situatioun of wéi laang am Virus déi betrafte Verbraucher informéiert kënnen ginn, woubäi et een Uleies ass fir déi Ukënnegung sou laang am Virus ze maachen wéi nëmme méiglech.

Et ass net auszuschléissen, dass, wa verschidden Entrepreneuren duerch d'Uwendung vum Plan de délestage hir Produktioun oder hir Aktivitéit mussen aschränken oder aussetzen, dat och Auswierkungen op d'Beschäftegung vun de Mataarbechter vun där Entreprise kann hunn. De Comité de conjoncture befaasst sech an enger vu sengen nächste Reunioun mam Szenario vun esou engem méiglechen Ausfall a beréit iwwert wéi een Instrument fir déi betrafte Mataarbechter gegebenefalls kënnen Léisunge fonnt ginn.

#### Port des masques dans les avions | Question 6186 (12/05/2022) de M. Serge Wilmes (CSV)

Virun der grousser Reeswell am Summer revidéiert d'EU hir Bestëmmunge fir de Beräich vun der kommerzieller Aviatioun. Sou ass vum Méindeg, 16. Mee u beispillsweis d'Recommandatioun fir d'Maskepflicht an de Fligere opgehuewen.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministes an un den Här Mobilitéitsminister stellen:

- Wat ass d'Positioun vun der Lëtzebuurger Regierung par Rapport zum Ophiewe vun der EU-Recommandatioun fir d'Maskepflicht an de Fligere?

- Sinn d'Madamm an den Här Minister der Meinung, dass d'Maskepflicht an de Fligere och zu Lëtzebuerg soll ewechfalen?

- Wa jo, vu wéini un?

- Wann net, firwat net?

#### Réponse commune (02/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

D'Lëtzebuurger Regierung alignéiert sech mat der Mise à jour vum 11. Mee 2022 vum „Joint Aviation Health Safety Protocol“ duerch den „European Centre for Disease Prevention and Control (ECDC)“ an der „European Union Aviation Safety Agency (EASA)“, déi proposéieren, d'Maskepflicht an de Fligere ofzeschaffen.

D'national Fluggesellschaft Luxair applizéiert dës dann och säit dem 16. Mee 2022, op deene Strecken wou et erlaabt ass.

#### Chiffres clés de l'emploi dans la fonction publique de l'État | Question 6187 (12/05/2022) de Mme Stéphanie Empain | Mme Chantal Gary (déi gréng)

En date du 20 avril 2022, l'Observatoire de la fonction publique a publié, pour la première fois, des chiffres clés concernant le nombre de fonctions dirigeantes et de chefs de corps, par genre, dans les différents domaines de l'administration centrale pour les années 2019-2021.

Cet état des lieux révèle qu'une représentation équilibrée des genres n'est pas encore acquise aux plus hauts niveaux de la fonction publique. Selon le rapport, arrêté au 31 décembre 2021, 53 fonctions dirigeantes sont affectées auprès des départements ministériels, occupées à 75,5 % par des hommes et à 24,5 % par des femmes.

Parmi les 146 fonctions dirigeantes auprès des administrations d'État, les hommes représentent 72,7 % et les femmes 27,3 %. Pourtant il a été convenu dans l'accord de coalition (2018-2023), de même que dans le Plan d'action national pour une égalité entre les femmes et les hommes, que les ministères et les administrations s'engagent à mettre l'accent sur une politique en faveur d'une représentation plus équilibrée des femmes et des hommes au niveau de la prise de décision afin de réduire les inégalités persistantes.

Dans ce contexte nous aimerions savoir de la part de Monsieur le Ministre de la Fonction publique et de Madame la Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes :

1) Tenant compte de l'accord de coalition et du rôle d'exemplarité que l'État est censé de jouer, comment Madame la Ministre et Monsieur le Ministre interprètent-ils les résultats de ce premier bilan, dont notamment la divergence persistante en matière d'égalité des genres qui vient d'être constatée par l'Observatoire de la fonction publique ?

2) Par quels moyens et outils le Gouvernement entend-il favoriser davantage l'accès des femmes aux fonctions dirigeantes dans les différents domaines de l'administration centrale ?

#### Réponse commune (09/06/2022) de M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique | Mme Taina Bofferdin, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes

Le Gouvernement estime que la question de l'égalité entre les femmes et les hommes dans la prise de décision concerne tous les domaines et tous les niveaux, y inclus les fonctions dirigeantes dans la



fonction publique. Cette conviction se reflète dans l'accord de coalition 2018-2023 ainsi que dans le Plan d'action national pour une égalité entre les femmes et les hommes qui mettent en effet un accent particulier sur la nécessité d'une représentation plus équilibrée des femmes et des hommes au niveau de la prise de décision.

Avant la publication des chiffres clés de l'emploi et des chiffres clés des fonctions dirigeantes et des chefs de corps dans la fonction publique de l'État, il n'existait pas d'analyse concernant le nombre et le genre des fonctions dirigeantes et des chefs de corps dans les différentes entités de l'administration centrale. Afin d'obtenir une vue plus complète sur la situation de l'emploi de ces fonctions et de la relation femmes/hommes dans ces entités, l'Observatoire de la fonction publique du Ministère de la Fonction publique a fait une analyse de ces fonctions dans les ministères et les administrations de l'État ainsi que des chefs de corps dans la magistrature pour les années 2019-2021. C'est en effet la première fois qu'une telle analyse détaillée a été faite. Cette publication sera mise à jour annuellement et permettra ainsi de faire un suivi systématique de l'évolution de la relation femmes/hommes dans le futur au sein de l'administration centrale.

Par ailleurs, et afin de se faire une image plus complète et générale sur la relation femmes/hommes dans la prise de décision, le Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes (« MEGA ») a mis sur pied en décembre 2019 l'Observatoire de l'égalité, dont un des sept volets traités concerne la prise de décision et dont les derniers chiffres ont été récemment publiés sur le site [www.observatoire-egalite.lu](http://www.observatoire-egalite.lu). Cet Observatoire se base entre autres sur les données de l'Observatoire de la fonction publique qui ne peuvent que confirmer le déséquilibre existant en la matière.

Pour répondre aux objectifs d'un meilleur équilibre femmes/hommes dans la fonction publique, le Gouvernement rend attentif au fait que le Ministère de la Fonction publique a initié dans le passé récent de nombreuses réformes statutaires ayant pour but de favoriser une meilleure conciliation entre vie privée et vie professionnelle, tels que les services à temps partiel. Ces services permettent aux agents, et en particulier aux femmes, de pouvoir mieux se consacrer à l'éducation de leurs enfants tout en poursuivant leur progression dans la carrière et d'occuper une fonction dirigeante à tâche partielle.

En ce sens, les différents services à temps partiel, tels qu'ancrés dans l'article 31 du statut général des fonctionnaires de l'État, s'appliquent aussi aux fonctions dirigeantes.

Par ailleurs, le Gouvernement poursuit ses efforts d'atteindre une représentation de 40 % du sexe sous-représenté dans les conseils d'administration des établissements publics et des entreprises privées dont l'État est actionnaire.

Le MEGA poursuit ses efforts de lutter contre les stéréotypes sexuels se rapportant au monde professionnel, dont notamment l'opinion encore trop répandue que les hommes se prêteraient mieux aux postes à haute responsabilité.

#### Bureaux de poste | Question 6189 (13/05/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Aus de soziale Medie gëtt ee gewuer, dass POST aktuell ee Flyer verdeelt, fir erauszefannen, wéi oft de Postbüro zu Rodange benotzt gëtt. An der Vergaangenheet goufe jo schonns eng zeg Filialë komplett

zougemaach, wat fir Onzefriddenheet bei ville Biergerinnen a Bierger gesuergt huet. De Minister hat den 2. Mäerz 2022 an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 5663 geschriwwen, dass d'POST-Filial zu Déifferdeng net wäert zougemaach ginn an och nach eng zu Belval opgemaach soll ginn. Fir Mëssverständnësser aus dem Wee ze goen, wier et gutt, wa gewosst wier, op wéi eng Changementer d'POST-Clienten sech an Zukunft mussen astellen, wa weider Büroen zou ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Wirtschaft dës Froe stellen:

- Weess de Minister, wéi vill Postbüroen 2022, 2023 an 2024 wäerten zoumaachen? Ëm wéi eng Filialen handelt et sech?

- Weess de Minister, wéi vill nei Postbüroen a Point POST 2022, 2023 an 2024 wäerten opmaachen? Ëm wéi eng Filialen handelt et sech?

- Kann de Minister bestätegen oder widderleeën, dass de Postbüro zu Rodange seng Diere wäert zoumaachen?

#### Réponse (14/06/2022) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

Et ass am Moment net virgesinn de Postbüro zu Rodange zouzemaachen.

Bei der Aktioun op déi den éierbaren Deputéierten hiweist handelt et sech ëm eng vun de reegelméissegem Ëmfroen iwwert d'Zefriddenheet vun hire Clienten, déi POST an de Verkafsplazen duerchféiert. Op Basis vun de Resultater vun esou Sondagen, déi ee- bis zweemol am Joer duerchgefouert ginn, stinn a kengem Zesammenhang mat der geographescher Ausrichtung vum Verkeersseaus.

Am Joer 2022 ass virgesinn de Postbüro vu Rémeleng de 15 Juli zouzemaachen. Fir déi Joren dono gëtt et keng Decisioun weider Büroen zouzemaachen. Am Laf vum Joer 2022 wäert en Espace POST zu Réimech opmaachen an am November 2022 en Espace POST am Auchan um Kierchbierg. Fir 2023, sinn d'Projeten nach an der Analys.

Wat de Réseau vun de Points POST ugeet, ass POST am Moment gutt opgestallt, sollten sech awer nei Méiglechkeeten erginn, wäert POST weider Points POST opmaachen.

#### Contournement de Bascharage | Question 6190 (13/05/2022) de Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)

Am Plan national de la mobilité 2035, deen de Minister den 22. Abrëll 2022 virgestallt huet, gëtt tëschent engem Contournement classique an engem Contournement de proximité differenziert. Ëm Leschteres handelt et sech deemno dann, wann de Contournement un all Kräizung d'Stroosse matenee verbënnt. E puer Säite weider gëtt dann de Käerjenger Contournement als Beispill fir esou ee Contournement de proximité genannt. Woubäi hei awer eebe keen Uschloss mam CR110 virgesinn ass, mee eng Bréck. Dat entsprécht dann awer éischter engem klassesche Contournement.

Vu dass et ugeduecht ass, dass de Contournement de proximité eng Verkeiersberouegung an d'Lokalitéit soll bréngen a souwuel dem öffentliche Transport wéi dem Vélo eng Prioritéit zougenschwat gëtt, wär dës nei Variant eng ganz nei Approche an se entsprécht net deem Contournement, deen an der Prozedur ass.

An deem Zesammenhang wëll ech dem Här Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

- Zanter wéini ass den Dossier vum Käerjenger Contournement an deem Sënn geännert ginn?

- Wéi eng Krittäre loosse et zou, dass an deem Fall vun engem Contournement de proximité ka geschwat ginn?

- Missen net verschidden Etuden a Prozeduren deem Rechnung droen an adaptéiert ginn (EIE, Présentation fir d'Bierger, ...)?

#### Réponse (15/06/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Den nationale Mobilitéitsplang PNM 2035, als en Element vum Koalitiounsvertrag respektiv Programm vun der aktueller Regierung, weist anschaulech op, wéi duerch eng integrativ a multimodal Konzeptioun vun de verschiddene Mobilitéitskonzepter all Verkeiersinfrastruktur an engem kohärenten Gesamtkonzept hir Roll huet. An dëser zukunftsweisender Approche gouf den Terme vum „Contournement de proximité“ agefouert, woumat déi zousätzlech Funktionalitéit vun enger Umgeegungsstrooss géintiwwer der klassischer Siichtweis ervirgehuewe ginn. De Prinzip vum „Contournement de proximité“ ass en Exploitationsszenario, deen op eng klassesch Ëmgeegungsstrooss drop grefféiert gëtt, soudatt, wéi am PNM 2035 beschriwwen, niest dem Duerchgangsverkéier och d'Awunner aus den ëmfuerenden Uertschafte en Zougank op déi nei Strooss kréien, fir och kënnen dovunner ze profitéieren. Domadder si weeder den Tracé vum Contournement nach déi stroossebautechnesch Parametere an Fro gestallt, mee dës nei Approche erlaabt eng zousätzlech Notzung, fir niest dem Transitverkéier och de Quell- an Zilverkéier a Bezuch op déi ëmfuerenden Uertschafte opzehuelen. Dëse Modell aus dem nationale Mobilitéitsplang ass d'Basis, fir de Verkéier an der Uertschaft dauerhaft a signifikativ ze berouegen, a gläichzäitig den öffentlichen Transport an déi aktiv Mobilitéit konsequent esou ze féieren, datt fir d'Zukunft eng nohaltig Mobilitéit installéiert gëtt, déi harmonesch op engem optimalen Zesummespill tëscht dem néidegen Autosverkéier an der Fërderung vum Zuch-/Bus-/Vélo-/Foussverkéier baséiert, dëst ëmmer mam Zil verbonnen, déi vu jidderengem gewünschte Liewensqualitéit an den Uertschafte maximal a beschtméiglech ze erreechen.

De Konzept vum Contournement de proximité ass also eng zousätzlech „Exploitationsoption“, an där d'Umgeegungsstrooss d'Verkeiersberouegungskonzepter an den uschlëssenden Uertschafte mat der Verbesserung vum öffentlichen Transport erméiglecht. Dës Verkeiersberouegungskonzepter begräife souwuel staatlech Stroossen an den Uertschafte wéi och Gemengestroossen, a ginn optimalerweis partnerschaftlech tëschent dem Staat an de concernéierte Gemengen an engem iterative Prozess ausgeschafft. Éischt Erfarunge weisen, datt allgemeng Gemengeninstanzen dës Virgoensweis ganz offen a konstruktiv notzen.

De Käerjenger Contournement ass am PNM 2035 am Korridor Nationalstrooss N5 / Eisebunnsliin CFL 70 a senger Funktioun als „Contournement de proximité“ beschriwwen, wou d'Strategie an deem Raum drop ausgeriicht ass, fir souwuel d'Eisebunnsoffer ze verbessere wéi och de Stroossentraffic an der Regioun ëm Käerjeng, Péiteng, Déifferdeng a Suessem ze berouegen an déi nohaltig Mobilitéit auszebauen. Dat deckt sech generell mat de Revendicatiounen vu ville Säiten, besonnesch wat den öffentlichen Transport wéi och d'Vélo- a Foussgäermobilitéit ubelaangt, an dat net nëmmen an dëser Regioun, mee am ganze Land. An deem Sënn ass de Contournement de Bascharage, am Kader vum PNM 2035, elo



als „Contournement de proximité de Bascharage et de Sanem“ ëmbenannt ginn.

Well d'Ëmgeungsstrooss - déi op eng laangjäreg Problematik reagéiert, a virun e puer Joer an d'Autorisationsprozedur fir d'Geneemegung vun groussen Transportinfrastrukturen gaangen ass - en Impakt op d'Ëmwelt huet, a besonnesch op d'europäesch Natura-2000-Gebitt, ënnerläit dës Projet den europäeschen Autorisationsprozeduren an Ufuerderungen. Dobäi ass d'Biergerbedeelegung ee wichtege Faktor, woubäi an der Prozedur an engem fréie Planungsstadium eng effentlech Consultatioun gefrot ass. No dëser effentlecher Consultatioun, baséierend op dem „Avant-projet sommaire APS“ vun e puer Varianten, entscheet d'Regierung déi Variante vum Tracé, déi weider am „Avant-projet détaillé APD“ soll ausgeschafft ginn, an d'Basis vum Autorisationsdossier wäert sinn. D'Wiel vun der Variante gouf geholl op Basis vun der „Évaluation des incidences sur l'environnement“, déi den Impakt op d'Ëmwelt an déi europäesch Schutzziler dokumentéiert an duerleet. Am Kader vun der Biergerbedeelegung hu souwuel d'Autoritéit wéi och d'Bierger hiren Avis zum Dossier formuléiert, fir doropshin an de weideren Etude mat anzefléissen.

An der Suite ass de Projet also verdéift ginn, souwuel op technesch wéi och um ekologesche Plang, woubäi déi detailléiert technesch Ausaarbechtung d'Basis ass fir déi genau Analys vun den Ëmweltimpakter an der Definitiou vun de Kompensatiounsmoossnamen am Kader vum Autorisationsdossier. Mëttlerweil koum och vu Regierungssäit d'Oplag, fir déi lafend Projekte kohärent am Sënn vun enger konsequenter Multimodalitéit ze entwéckelen, an déi Planungen, déi amgaange sinn, an dësem Objektiv ze optimiséieren. D'Etude vun der Classification fonctionnelle vum Stroossereseau an dësem Raum huet gewisen, datt en Uschloss vum CR110 un de Contournement vu Käerjeng, zesumme mat anere Moossnamen, dat beschte Resultat ergëtt, fir all dësen Ziler dauerhaft gerecht ze ginn. Dobäi huet sech erausgestallt, datt duerch esou en Uschloss den Impakt op d'Natura-2000-Zone sech net géif verschlechtere géintwärt der ursprénglecher „Breckelëisung“. Ausserdeem kënnen doduerch och aner Uertschafte wéi Käerjeng vun de Moossnamen profitéieren, an den Impakt, wat d'Landschaft an de Kaméidi ubelaangt, ass besser wéi ursprénglech am Avant-projet Sommaire duergeluecht.

Dës Weiderentwécklung vum Avant-projet sommaire wäert an dem Autorisationsdossier, konform zu den europäesche Virgaben, transparent dokumentéiert ginn.

Zum prozedurale Volet kann also gesot ginn, datt duerch d'Iwwerlagerung vum Tracé vun der initialer Ëmgeungsstrooss mam Exploitationsprinzip vum Contournement de proximité zousätzlech Verkéiersberouegungen an den Uertschaften erméiglecht ginn, ouni awer den Impakt op d'Natur an d'Ëmwelt ze verschlechtere géintwärt dem Dossier, deem der Effentlechkeet zougänglech gemaach gouf, mee et global zu Verbesserungen wäert kommen. Den Autorisationsdossier wäert all Elementer dokumentéieren, a konform zu de Prozeduren verëffentlecht ginn. Et ass also weider sënnavoll nach noutwendeg, op Basis vun dem Avant-projet détaillé, deem zur Zäit op Grond vun de beschriwwenen Elementer ausgeschafft gëtt, eng nei effentlech Consultatioun ofzehalen. Wat déi entspreche Mesuren um Stroossereseau an den Nopeschuertschaften ubelaangt, wäerten déi zesumme mat de Gemenge vun der Stroossebauverwaltung geplangt ginn, esou wéi dat och bei anere Projekten üblech ass. Op Basis vun de Berouegungsziler kann dës onofhängeg vun der Autorisationsprozedur vun der Ëmgeungsstrooss geschéien.

### Projet d'un parc éolien dans le sud du pays | Question 6191 (13/05/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Ee „Wort“-Artikel vum 12. Februar 2021 hat iwwert de Bauprojet vun engem Wandpark bericht, dee vun der Firma Sudenergie SA (fréier Sudgaz) zesumme mat der Firma Soler bedriwwen soll ginn. Vun den 23 Anlagen, déi u sech queesch duerch de Süde geplangt waren, sinn zum jëtzen Zäitpunkt nëmmen nach fënnef, déi wäerte kënne realiséiert ginn. Vun deene fënnef Wandanlage soll jee weils eng an d'Gemeng Dippech, Recken op der Mess an och Suessem stoe kommen. Gebaut gi sollen dës Wandrieder um Bord vu verschiddene Natura-2000 Vulleschutzgebiddern.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministère fir Energie an Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Op wéi eng Terrainen (Parzellen) an deene jee weilege Gemenge kommen déi geplangte Wandrieder genee hin?
2. Sinn d'Etüden zum Ëmweltimpakt fir déi geplangte Wandrieder zu Dippech, Recken op der Mess a Suessem ofgeschloss? Falls jo,
  - wat fir een Impakt wäerten d'Wandrieder op déi eenzel Natura-2000 Gebiddern hunn?
  - Wat sinn d'Konsequenzen fir d'Deieren an der Ëmgéigend?
  - Op wéi enger Héicht dierfen d'Wandrieder opgestallt ginn?
  - Wéi vill Kaméidi (an Dezibel) wäerten dës Anlage produzéieren?
  - Wéi wäit sinn d'Wandrieder vun de Wunnengen an Haiser am Ëmkrees ewech?
  - Wéi eng Kompensatiounsmoossnamen sinn eventuell virgesinn?

### Réponse commune (21/06/2022) de Mme Joëlle Welfring, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | M. Claude Turmes, Ministère de l'Énergie

ad 1. De Projet Südwand, mat deem d'Firma Soler an d'EIE-Prozedur (Évaluation des incidences sur l'environnement) gaangen ass, hat initial zéng Wandrieder virgesinn an dat an de Südgemenge Suessem, Monnerech, Dippech, Recken op der Mess a Réiser. D'Etüden hunn awer erginn, datt den Impakt op d'Avifauna vu véier vun de geplangte Wandrieder ze grouss ass an déi dowéinst net realiséiert kënne ginn. Ausserdeem huet de Bauhär dovun ofgesinn, ee Wandrad an ee Vogelschutzgebitt ze setzen.

Well d'Bewäertung vun zwee Standuerter nach muss weider ofgeschéiert ginn, si bis ewell nëmmen zwee Wandrieder no dem Kommodosgesetz ugefrot an autoriséiert ginn. D'Anlage sinn am Bau a befannen sech an de Gemenge Réiser a Monnerech. Déi genee LUREF-Koordinate sinn:

• WEA 6 an der Gemeng Monnerech: 72079 E 67504 N (Parzell 54/3216 - Typ Enercon E138)

• WEA 9 an der Gemeng Réiser: 77322 E 64493 N (Parzell 775/1021 - Typ Enercon E115)

Dës Standuerter ginn och mat weideren Detailer um Geoportal (<http://g-o.lu/3/UJK9>) publizéiert.

ad 2. D'Etüden zum Ëmweltimpakt fir déi dräi weider geplangte Wandrieder zu Dippech, Recken op der Mess a Suessem sinn nach net ofgeschloss. Eng Kommodosautorisation fir déi Wandrieder gouf och nach net ugefrot.

### Demandes d'autorisation d'exercer par des médecins | Question 6193 (13/05/2022) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)

1) J'aimerais savoir de Madame la Ministre de la Santé combien de médecins ont introduit une demande d'autorisation d'exercer au Luxembourg au cours des cinq dernières années.

2) Quelles sont les origines de ces médecins et quelles sont leurs spécialités ?

3) Combien de ces demandes ont été avisées favorablement et combien de ces médecins exercent réellement au Luxembourg et le cas échéant dans quelles structures ?

### Réponse (17/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

ad 1) Les chiffres ci-dessous renseignent sur le nombre de médecins qui ont introduit une demande d'autorisation d'exercer au Luxembourg pour les cinq dernières années :

- 2017 : 337
- 2018 : 399
- 2019 : 384
- 2020 : 447
- 2021 : 491

ad 2) Le Ministère de la Santé ne dispose pas de statistiques reprenant le détail des origines des médecins ayant introduit une demande d'autorisation d'exercer.

Concernant les spécialités des médecins ayant bénéficié d'une autorisation d'exercer, il est fait référence à la réponse à la question parlementaire n° 6080 du 20 avril 2022 des honorables Députés André Bauler et Gilles Baum, qui énumère les différentes spécialités pour lesquelles des autorisations ont été délivrées.

S'ajoutent aux spécialités énumérées dans la réponse à la question parlementaire n° 6080, les médecins généralistes, les médecins-dentistes, les médecins-dentistes-spécialistes ainsi que les médecins vétérinaires.

ad 3) Les chiffres ci-dessous renseignent sur le nombre de médecins qui ont bénéficié d'une autorisation d'exercer :

- 2017 : 287
- 2018 : 325
- 2019 : 297
- 2020 : 323
- 2021 : 355

Il n'est pas possible de retracer de manière rétroactive combien de ces médecins étaient effectivement actifs durant les années 2017 à 2020. Le nombre de médecins-spécialistes actifs au 31 décembre 2021 a été renseigné dans la réponse à la question parlementaire, à savoir 1.668 médecins-spécialistes. À cela s'ajoutent les médecins-généralistes, les médecins-dentistes, les médecins-dentistes-spécialistes et les médecins vétérinaires, ce qui porte le nombre total des médecins exerçant au Luxembourg pour 2021 à 3.418.

En ce qui concerne les structures dans lesquelles les médecins sont actifs, ils travaillent soit dans leur cabinet médical, soit dans un établissement hospitalier, soit chez un employeur privé, soit auprès de l'État.

### Campagne de sensibilisation en matière de l'offre d'eau du robinet par les entreprises du secteur de l'Horeca | Question 6195 (16/05/2022) de Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)

Lors du débat du 12 novembre 2019 à la Chambre des Députés dans le cadre de la pétition publique n° 1319



sur le droit à l'eau du robinet, Monsieur le Ministre a annoncé le lancement d'une campagne de sensibilisation en coopération avec la fédération Horesca. Cette campagne serait censée favoriser - sur une base volontaire - l'offre d'une eau du robinet de « marque nationale » qui serait ajoutée comme alternative sur les cartes des restaurateurs. Le lancement de la campagne était initialement annoncé pour le printemps 2021.

En réponse à la question ordinaire n°1262 en avril 2021 Monsieur le Ministre a par la suite déclaré que la campagne en question aurait été retardée et qu'elle serait lancée suite à la réouverture du secteur de l'Horeca.

Il est dans ce contexte que je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Classes moyennes :

1) Monsieur le Ministre entend-il toujours lancer la campagne de sensibilisation annoncée ? Dans l'affirmative, dans quels délais sera-t-elle lancée ?

2) Dans l'affirmative encore, quel est l'état d'avancement de la campagne ? Quelle est la part des entreprises du secteur Horeca qui seraient disposées à participer à cette campagne ?

3) Monsieur le Ministre ne pense-t-il pas qu'il serait plus transparent pour le consommateur ainsi que plus efficace du point de vue environnemental d'obliger les restaurateurs d'offrir à leurs clients des carafes d'eau du robinet à des prix fixés librement par les restaurateurs ?

En ce qui concerne l'idée d'offrir une eau du robinet de « marque nationale », je voudrais poser les questions suivantes, tout en sachant que le label « marque nationale » est attribué à des produits agricoles et horticoles dont la production, la transformation et la commercialisation répondent à certains critères dont le respect est surveillé et contrôlé selon des dispositions fixées par règlement grand-ducal, et non pas à des biens de première nécessité dont la production et l'assainissement sont pris en charge par la collectivité.

4) Monsieur le Ministre envisage-t-il effectivement d'attribuer le label « marque nationale » à l'eau du robinet offerte par les restaurateurs ? Dans l'affirmative, selon quels critères un tel label sera-t-il décerné tout en sachant que les paramètres physico-chimiques et organoleptiques de l'eau du robinet diffèrent d'une région et même d'une commune à l'autre ?

5) Monsieur le Ministre est-il d'avis que la labellisation, voire la marchandisation de biens publics de première nécessité tels que l'eau potable constitue une approche sensée pour garantir le droit à l'eau et pour favoriser des modes de consommation durables ?

**Réponse** (16/06/2022) de **M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes

Lors du débat du 12 novembre 2019 à la Chambre des Députés dans le cadre de la pétition publique n° 1319 sur le droit à l'eau du robinet, une campagne de sensibilisation a été annoncée. Cette campagne, à mener en étroite collaboration avec les acteurs du secteur, devait encourager un changement de mentalité, tant auprès des ménages que des clients, des restaurateurs et des cafetiers à avoir recours d'une manière plus conséquente à l'eau du robinet.

Le but n'étant pas de rendre gratuite la carafe d'eau dans les restaurants et cafés, mais de laisser le choix aux clients et aux restaurateurs.

ad 1) Ainsi, dès fin 2019, contact a été pris avec l'Horesca pour discuter du contenu de la campagne. Des réunions ont également eu lieu avec l'ALUSEAU

(Association luxembourgeoise des services d'eau) et une agence de communication a été mandatée pour élaborer un plan marketing. Bien que l'émergence de la pandémie de la Covid-19 ait donné un coup d'arrêt au projet, le Gouvernement a maintenu sa volonté de réaliser cette campagne et il a été décidé, non pas d'annuler la campagne, mais de la reporter.

ad 2) En mars 2022, les travaux pour la campagne ont été réactivés : l'agence de communication a été recontactée en vue de la réalisation d'une identité visuelle, d'une charte de qualité et de l'obtention de plusieurs devis pour la production de bouteilles personnalisées. En ce qui concerne la date du lancement du projet, il faut savoir que le délai de fabrication de bouteilles en verre personnalisées s'est nettement allongé par rapport à la période pré-Covid. Dès lors, le projet ne sera opérationnel qu'au printemps 2023.

Considérant que la participation à la campagne se fera sur une base volontariste, il n'est pas possible de chiffrer à l'heure actuelle le nombre des entreprises du secteur Horeca qui seraient disposées à participer à cette campagne.

ad 3) Comme déjà annoncé lors du débat du 12 novembre 2019, le Gouvernement entend miser sur la sensibilisation à avoir recours d'une manière plus conséquente à l'eau du robinet, notamment par le biais de ladite campagne, plutôt que de légiférer en la matière.

Quant au prix auquel les restaurateurs pourront offrir la carafe d'eau, celui-ci pourra être librement fixé par les entreprises participant au projet. Comme énoncé ci-dessus, le but n'étant pas de rendre gratuite la carafe d'eau, mais de mettre l'accent sur le développement durable en général et sur la durabilité dans le secteur de l'Horeca en particulier.

#### Centres d'incendie et de secours (CIS) et « Service ambulancier » au nord de la capitale | Question 6199 (16/05/2022) de Mme Jessie Thill (déi gréng)

Le Plan national d'organisation des secours (PNOS), défini dans la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile et créant le Corps grand-ducal d'incendie et de secours, et dont le document final fut approuvé par le Conseil de Gouvernement en octobre 2021, fixe les ambitions et orientations fondamentales en matière de sécurité civile et constitue la base structurante pour l'action actuelle et futur du Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS).

Un des objectifs du PNOS pour l'horizon 2025 est de garantir à la population une arrivée des secours en moins de 15 minutes pour 90 à 95 % des opérations de secours aux personnes, d'incendie et de sauvetage, et donc une amélioration très importante par rapport à la situation de départ (interventions en ambulance : 78 % ; incendies : 75 % ; accidents de la circulation : 75 %). Pour atteindre les objectifs du PNOS, le CGDIS devra donc largement augmenter ses moyens techniques et humains et ceci aussi bien au niveau des professionnels que des bénévoles.

Selon mes informations, un incident récent dans la piscine intercommunale de la vallée de l'Alzette à Walferdange, a montré que même à proximité de la ville de Luxembourg le temps d'arrivée des secours prend parfois bien plus longtemps que prévu et que dans ce cas précis l'ambulance serait venue depuis Junglinster. Dans le même contexte, les pompiers de Luxembourg-ville ayant déménagé de la route d'Arlon vers le nouveau centre national du CGDIS, au sud de

la ville, le nord de la capitale et les communes adjacentes doivent désormais être couvertes par des CIS de moindre envergure.

Les centres d'intervention et de secours (CIS) sont classés en six catégories sur base de leurs effectifs, respectivement du « potentiel opérationnel journalier », tout en pouvant être augmenté en fonction de critères géographiques ou saisonniers.

Dans ce contexte, je voudrais avoir les informations suivantes de la part de Madame la Ministre :

1) Quel est le classement actuel des trois CIS sur le territoire des communes de Lorentzweiler, de Steinsel et de Walferdange ? Quels sont leurs effectifs en termes de personnel professionnel et/ou bénévole ?

2) Sachant que la population des trois communes de Walferdange, Steinsel et Lorentzweiler croît rapidement et atteint désormais environ 19.000 habitants, est-ce que des renforcements d'effectifs sont prévus pour leurs CIS à l'horizon 2025 ?

3) Est-ce que les services « First Responder » et « Service ambulancier » sont actuellement opérés par un de ces trois CIS ? Dans la négative, est-il prévu d'y assurer ces services à l'horizon 2025 ?

4) Est-ce qu'une fusion de deux ou trois de ces CIS en un centre de catégorie opérationnelle plus élevée est actuellement envisagée ?

5) Au-delà de leurs propres CIS, quels sont les trois CIS assurant le « Service ambulancier » les plus proches des communes visées et quels sont leurs effectifs en termes de personnel professionnel et/ou bénévole pour le « Service ambulancier » ?

6) Quels sont les degrés d'opérabilité du « Service ambulancier » des trois CIS les plus proches des communes de Walferdange, Steinsel et Lorentzweiler, notamment ceux des centres de Lintgen et de Mamer ? En cas de pourcentage inférieur à 75 %, est-il prévu de renforcer à court terme les effectifs professionnels dans les CIS concernés ?

**Réponse** (13/06/2022) de **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

En vertu de la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile, les centres d'incendie et de secours (CIS) de Walferdange, Steinsel et Lorentzweiler sont des CIS de catégorie 2, dont l'effectif en pompiers volontaires est le suivant :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Parmi ces trois CIS, celui de Walferdange est le seul qui opère un service First Responder. En exécution du plan national d'organisation des secours (PNOS), le CGDIS est en train d'analyser la possibilité d'augmenter ses ressources First Responder en général (dont celles de la région de la vallée de l'Alzette) afin de garantir une meilleure couverture au niveau national.

Les trois communes concernées sont prioritairement couvertes par les CIS qui occupent une ambulance et qui se trouvent dans leur proximité directe, à savoir le CIS Lintgen, le CIS Luxembourg, le CIS Mamer et le CIS Junglinster. Étant donné que les ambulances sont géolocalisées et routées par le 112 lorsqu'elles sont en déplacement, il est également possible qu'une autre ambulance y intervienne (p. ex. l'ambulance du CIS Nordstad qui rentre d'un hôpital situé à Luxembourg-ville).

Suite au déménagement du CIS Luxembourg l'année passée (route d'Arlon vers bd Kockelscheuer), le CGDIS a réalisé une étude interne pour évaluer la nécessité de faire des adaptations au niveau de l'organisation opérationnelle et d'élaborer une stratégie à long terme



qui permettra de conforter les services de secours dans l'agglomération de la ville de Luxembourg, dont les communes de la vallée de l'Alzette. Les premiers résultats de l'étude ont déjà pu être présentés aux membres du conseil d'administration du CGDIS.

L'ensemble des options réalisables (à court ou à long terme) seront bien évidemment discutées avec les acteurs concernés, c'est-à-dire les communes et les CIS, leurs avis étant primordiaux. L'objet des discussions concernera entre autres le développement du volontariat, le renforcement éventuel par des pompiers professionnels ou encore la possibilité de fusions de CIS.

#### **Avertissements aux cyclistes | Question 6200** (17/05/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Lëtzebuerg gëtt am Ausland als Vëlosnatioun ugesinn, wann ee sech den Historique vun de ville Coureuren ukuckt, déi eist Land op international bekannte Coursé representéiert hunn. Dës Ruff spigelt sech awer net an der besteeënder Infrastruktur duer, déi een a ville Stied awer och am ländleche Raum vergeeblech sicht.

Mat der waarmer Joreszäit heef sech d'Unzuel vun de Leit, déi op hire Vëlo zeréckgräifen. Op eng villfälteg Aart a Weis ass et méiglech, de Vëlo a säin Alldag mat anzubannen: fir akafen ze goen, fir moies op d'Aarbecht ze fueren oder fir weekends en Tour fueren ze goen.

Leit, déi mam Vëlo ënnerwee sinn, mussen sech natierlech och un d'Reegelen an de Code de la route halen. Feelen allerdéngs déi néideg Infrastrukturen, geroden Auto- a Vëlosfuerer vermehrt op de Stroosse a Konfliktsituatiounen.

An deem Zesammenhang wëll ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1. Wéi vill Protokoller goufen an de leschte sechs Méint géint Autos-, Camions-, oder Motosfuerer gestallt, déi den 1,5 Meter Ofstand beim Iwwerhuele vu Vëlosfuerer net agehalen hunn?

Bei wéi vill Euro lounge dës Protokoller duerchschneetlech?

2. Wéi vill Protokoller goufen an de leschte sechs Méint géint Vëlosfuerer ausgestallt?

Wéinst wéi enge Grënn goufen dës Protokoller ausgestallt? (opgeléicht no Unzuel vu Protokoller)

Bei wéi vill Euro lounge dës Protokoller duerchschneetlech?

**Réponse** (25/05/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. D'Police ass duerch d'Gesetz verpflichtet, all Infraktiounen a Strofdoten, déi se feststellt, ze akteieren. Dëst geschitt entweder duerch e Protokoll oder en Avertissement taxé.

An de leschte sechs Méint huet d'Police allerdéngs kee Verstouss géint den Artikel 125.08 vum Code de la route (Mindestofstand vun 1,5 Meter beim Iwwerhuele vu Vëlosfuerer net agehalen) festgestallt.

ad 2. An de leschte sechs Méint huet d'Police insgesamt 47 gebüreflichteg Verwarnunge wéinst Verstéiss géint de Code de la route duerch Vëlosfuerer ausgestallt.

23-mol goufe Vëlosfuerer wéinst Netrespektéiere vu rouden Luuchte mat jeeeweils 145 Euro an dem Verloscht vun zwee Punkten um Füherschäin verwarnt. 12-mol war eng feelend oder net konform technesch Ausrüstung (Schell, Beliichtung, Reflektoren asw.)

d'Ursaach vu Verwarnunge vun duerchschnëttlech 74 Euro. 8-mol goufe Vëlosfuerer wéinst verbuedenem Benotze vum Telefon iwwer dem Fuere mat jeeeweils 145 Euro an dem Verloscht vun zwee Punkten um Füherschäin verwarnt. 4-mol waren d'Netrespektéiere vun engem Stoppschëld, der Prioritéit vu Foussgänger um Foussgängersträife respektiv d'Netrespektéiere vun engem allgemenge Fuerverbuet Ursaach vun engem Verwarnung vun 145 Euro an dem Verloscht vun zwee Punkten um Füherschäin.

#### **Récent arrêt de la Cour administrative | Question 6201** (17/05/2022) de **M. Léon Gloden** (CSV)

Suivant l'arrêt du 3 mai 2022 prononcé par la Cour administrative (n° 46817C du rôle), la Cour a annulé les décisions de la CSSF au motif que dans le cadre de la procédure administrative non contentieuse (PANC), la CSSF aurait dû rendre spécialement attentif l'administré concerné quant à la possibilité de demander d'être entendu en personne.

La Cour administrative a réformé le jugement de première instance en considérant qu'il n'est pas suffisant de tout simplement renvoyer à l'article 9 du règlement PANC de 1979. Selon la Cour :

« Il est imparti au juge administratif de créer l'équilibre indispensable à un vivre en commun aussi adéquat que possible compte tenu des exigences d'un État de droit, conformément au principe fondamental afférent consacré par la Cour constitutionnelle dans son arrêt du 28 mai 2019 (n° 146 du registre), compte tenu de l'évolution de l'action administrative au fil des décennies passées et de la modernisation des relations entre administration et administrés, ne fût-ce qu'en raison des progrès d'ordre technique tous azimuts intervenus depuis l'entrée en vigueur de la procédure administrative non contentieuse en 1979.

La Cour constate que depuis 1979 une tendance nette à la numérisation, à la distanciation personnelle entre l'administration et ses administrés, accentuée ces deux dernières années par la pandémie, à l'anonymisation tous azimuts et à la déshumanisation des rapports entre parties s'est développée sans conteste possible.

La Cour note encore que si les moyens techniques ont permis une informatisation tous azimuts des procédures et une rationalisation des rapports de force en découlant, cette évolution s'est opérée dans le sens d'une déshumanisation prononcée où le personnel de l'administration se retrouve de plus en plus à une distance accentuée par rapport aux administrés au service desquels il est pourtant appelé à déployer ses efforts.

Dans ce contexte général, force est à la Cour de retenir que les dispositions de l'article 9 du règlement grand-ducal du 8 juin 1979 ne se trouvent pas utilement respectées par l'indication faite par une administration à un administré qu'il avait la possibilité de présenter ses observations dans un délai imparti à condition qu'il soit au moins de 8 jours, ni encore en adjoignant un renvoi à l'article 9 en question, tel que la CSSF l'a fait à un double titre dans la présente affaire, mais que, de manière impérative, face à cette évolution a priori difficilement réversible de déshumanisation des rapports entre administration et administrés, il aurait fallu que l'administration rende spécialement attentif l'administré concerné de sa possibilité de demander d'être entendu en personne, à condition de le faire dans ledit délai imparti, tel que ce droit se trouve précisément consacré par l'article 9 in fine en question, en application de l'article 1<sup>er</sup>, alinéas 2 et 3, de la loi habilitante du

1<sup>er</sup> décembre 1978 qui impose que soient assurés la participation la plus large possible à la prise de la décision et le droit de l'administré d'être entendu ("Recht auf Gehör"). »

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre de la Justice et à Madame le Ministre de l'Intérieur :

- Au vu de l'arrêt précité, est-ce que Mesdames les Ministres sont d'avis qu'il y a lieu de préciser le règlement PANC de 1979 ?

- Sinon, est-ce que Madame le Ministre de l'Intérieur considère opportun d'informer notamment les communes de l'arrêt du 3 mai 2022 précité et notamment quant aux démarches à suivre pour les autorités publiques dans le cadre des procédures administratives ?

**Réponse commune** (10/06/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **Mme Taina Boffending**, Ministre de l'Intérieur

Le Gouvernement a pris note de cet arrêt. Il s'agit d'un premier arrêt en ce sens suite à un jugement de première instance et il reste à voir si cet arrêt demeure une décision de pure espèce ou s'il sera confirmé ultérieurement.

En tenant compte de ce qui précède, le Gouvernement est en train d'étudier les effets de cet arrêt et examinera dans ce contexte la pertinence d'une éventuelle adaptation du cadre légal ainsi que, le cas échéant, d'une information y relative à l'attention des organes concernés.

#### **Accréditation d'établissements d'enseignement supérieur privés luxembourgeois | Question 6202** (17/05/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Dans un arrêt n° 00162 du 12 février 2021 rendu sur question préjudicielle du tribunal administratif, la Cour constitutionnelle a décidé que :

« les articles 1<sup>er</sup>, paragraphes 2, 27 et 28bis de la [loi modifiée du 19 juin 2009 portant organisation de l'enseignement supérieur, telle que modifiée], tant dans leur version initiale que dans celle modifiée par la loi de 2016, en ce qu'ils excluent, en dehors de l'enseignement supérieur de type court, tout établissement privé luxembourgeois, agissant sous la seule responsabilité, de l'organisation de formations diplômantes relevant de l'enseignement supérieur luxembourgeois, ne sont pas conformes au principe d'égalité devant la loi consacré par l'article 10bis, paragraphe 1, de la Constitution ».

Pour parvenir à cette conclusion, la Cour note :

« tant dans la version leur conférée par la modification législative de 2016 que dans la version antérieure, [...] les formations dispensées par l'Université du Luxembourg, 2) les formations dispensées dans l'enseignement supérieur de type de court et 3) les formations diplômantes dispensées au Luxembourg par des établissements d'enseignement supérieur étrangers, publics ou privés, il en exclut, implicitement mais nécessairement, en dehors de l'enseignement supérieur de type de court, les formations diplômantes par des établissements d'enseignement supérieur privés luxembourgeois agissant sous leur seule responsabilité.

Les articles 27 et 28bis de la loi 2009 ne sauraient en effet être interprétés comme inculquant les établissements d'enseignement supérieur privés luxembourgeois, dès lors que ces articles apparaissent nécessairement tributaires de la délimitation légale du



champ d'application de l'enseignement supérieur inscrit à l'article 1<sup>er</sup>, paragraphe 2, de la loi de 2009 qui, tant dans sa version initiale que dans sa version modifiée par la loi de 2016, ne vise, à l'exception des formations dispensées par l'Université du Luxembourg et dans l'enseignement supérieur de type court, que les formations diplômantes organisées par des établissements d'enseignement supérieur étrangers, publics ou privés. [...]

Il en suit que mis à part l'enseignement supérieur de type court, tout établissement d'enseignement privé luxembourgeois, agissant sous sa seule responsabilité, est exclu en tant qu'acteur du marché luxembourgeois de l'enseignement supérieur. »

Sur base de cet arrêt, le tribunal administratif a, par jugement du 1<sup>er</sup> mars 2022, annulé diverses décisions de Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche<sup>10</sup>, en prenant soin de préciser que :

- le constat d'inconstitutionnalité d'une disposition légale opérée par la Cour constitutionnelle engendre [pour la juridiction saisie] comme unique conséquence que ladite norme doit être écartée du litige dont la juridiction de renvoi est saisie, conformément à l'article 95ter, paragraphe (6) de la Constitution et

- seul le 3<sup>e</sup> volet de l'article 1, paragraphe (2) de la loi du 19 juin 2009 a été déclaré non conforme à la Constitution, [...] de sorte à ne pas viser les formations dispensées dans le cadre de la loi modifiée du 12 août 2003 portant création de l'Université du Luxembourg, ainsi que les formations dispensées dans l'enseignement supérieur de type court, [...]

- le champ d'application de la loi du 19 juin 2009, en ce qui concerne les formations faisant partie de l'enseignement supérieur luxembourgeois, est désormais limité aux formations dispensées dans le cadre de l'Université du Luxembourg, ainsi qu'aux formations dispensées dans l'enseignement supérieur de type court,

- il n'y a (plus) de base légale pour l'accréditation d'un établissement privé luxembourgeois, agissant sous sa seule responsabilité et par ricochet pour l'organisation de formations diplômantes relevant de l'enseignement supérieur luxembourgeois par un tel établissement.

Sur base de ce qui précède, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre :

- Monsieur le Ministre peut-il m'informer si appel a été interjeté contre le jugement du tribunal administratif susmentionné ?

- Combien d'établissements privés luxembourgeois disposent actuellement d'une accréditation et pour quelle durée sur base des dispositions légales déclarées inconstitutionnelles par la Cour constitutionnelle et quelles sont les formations dispensées par ceux-ci sur cette base ?

- À défaut de base légale, comment Monsieur le Ministre entend-il actuellement leur conférer/renouveler l'accréditation en question ?

- Endéans quel délai Monsieur le Ministre entend-il saisir la Chambre des Députés d'un nouveau projet de loi pour combler le vide juridique actuel ?

- Quelles sont les conséquences de l'annulation des décisions ministérielles par le tribunal administratif sur les diplômes décernés aux étudiants ayant suivi les formations couvertes par celles-ci ?

• Les diplômes en question gardent-ils leur validité et si oui, en vertu de quels règles et principes de droit ?

• À défaut, l'État ne risque-t-il pas de voir engagée sa responsabilité civile ?

• Quid d'éventuelles demandes de remboursement des frais exposés par les établissements d'enseignement visés pour la dispense des formations en question ?

- Existe-t-il actuellement la possibilité pour des établissements d'enseignement supérieur d'offrir des études en ligne au Luxembourg et approuvées par Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche ?

• Dans l'affirmative, quelles sont ces formations ?

• Dans la négative, quelles en sont les raisons ?

- Monsieur le Ministre peut-il m'informer de l'agence d'accréditation ou des agences d'accréditation avec laquelle/lesquelles ses services travaillent pour les besoins de la loi de 2009 ?

**Réponse (09/06/2022) de M. Claude Meisch,** Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

À titre de remarque liminaire, je suis en mesure d'informer Madame la Députée que le jugement du 1<sup>er</sup> mars 2022 a fait l'objet d'une requête d'appel auprès de la Cour administrative et que dès lors la décision des juges de première instance n'a pas encore acquis le caractère de force jugée.

Voilà pourquoi j'estime qu'à ce stade la base légale sous-tendant la procédure d'accréditation de programmes d'études et d'établissements d'enseignement supérieur privés n'est aucunement mise en cause et que les procédures d'accréditation et de renouvellement d'accréditation en cours, de même que la validité des diplômes délivrés en vertu de décisions d'accréditation antérieures ne sont actuellement pas préjudiciées par ce jugement du 1<sup>er</sup> mars 2022.

Rappelons dans ce contexte que l'arrêt de la Cour constitutionnelle n° 162 du 12 février 2021 s'est borné à déclarer comme incompatible avec le principe d'égalité devant la loi la restriction excluant les établissements d'enseignement supérieur « exclusivement » luxembourgeois de l'éligibilité de la procédure d'accréditation susmentionnée.

Néanmoins, étant donné qu'il s'agit dès lors d'un dossier en cours d'instance auprès de la Cour administrative, je ne saurais donner de plus amples informations concernant les argumentaires et positions échangés dans le cadre cette procédure contentieuse.

Concernant la liste des établissements accrédités en tant qu'établissements d'enseignement supérieur spécialisés, conformément à la procédure d'accréditation fixée par la loi modifiée du 19 juin 2009 portant organisation de l'enseignement supérieur, je me permets, pour des raisons de lisibilité, de renvoyer au tableau consultable sur le site web du Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche<sup>11</sup>.

Conformément au programme gouvernemental 2018-2023, le Gouvernement a décidé de se doter « [...] d'un cadre solide et cohérent en matière d'organisation et de gouvernance de l'enseignement supérieur, fondé sur les principes du processus de Bologne et en ligne avec les standards européens en matière d'assurance qualité tels que consignés dans les European Standards and Guidelines for Quality Assurance in the European Higher Education Area (ESG) [...] ».

Étant donné que cela implique des modifications majeures par rapport au texte de la loi modifiée du 19 juin 2009 portant organisation de l'enseignement supérieur, j'ai chargé mes services à rédiger un avant-projet de loi tendant à remplacer l'actuelle loi et mettant en place une organisation de l'enseignement supérieur répondant aux critères de qualité précités.

Cet avant-projet de loi devrait être soumis au Conseil de Gouvernement pour approbation au cours du deuxième semestre 2022.

Concernant la possibilité de cours en ligne, force est de constater que même si la loi modifiée du 19 juin 2009 portant organisation de l'enseignement supérieur n'opère pas de distinction explicite entre cours en ligne et cours en présentiel, les critères d'assurance qualité mis en place par cette loi et par le règlement grand-ducal afférent du 24 août 2016 excluent de facto la mise en place de programmes d'études entièrement en ligne, dans la mesure où ils accordent une grande importance à l'existence d'une offre d'enseignement sur place et partant à l'existence d'infrastructures et d'équipements adéquats sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg. Si les textes actuels n'excluent pas la possibilité d'offrir en ligne certains cours d'un programme d'études, dans le cadre d'un concept hybride, il est évident que, sur base des critères mis en place par la loi précitée, l'offre de cours en ligne doit, à l'instar des cours en présentiel, s'inscrire dans un concept pédagogique permettant d'atteindre des acquis d'apprentissage bien définis et garantir une assurance de qualité répondant aux normes des European Standards and Guidelines for Quality Assurance in the European Higher Education Area.

Il découle de ce qui précède qu'aucun programme d'études purement en ligne n'est actuellement accrédité au Luxembourg.

Enfin, je tiens à informer l'honorable Députée que le service compétent de mon ministère a collaboré depuis 2016, dans le cadre de l'article 30 de la loi modifiée du 19 juin 2009, avec l'agence d'assurance qualité étatique française « Hcéres » (Haut Conseil de l'évaluation de la recherche et de l'enseignement supérieur), autrichienne « AQ Austria » (Agency for Quality Assurance and Accreditation Austria) et néerlandaise-flamande « NVAO » (Nederlands-Vlaamse Accreditatieorganisatie). Conformément à l'article 30 de la loi modifiée du 19 juin 2009, il s'agit d'agences d'assurance de la qualité, spécialisées en matière d'accréditation d'institutions et de programmes d'études de l'enseignement supérieur et inscrites au registre européen des agences d'assurance de la qualité (EQAR).

**Autorisation de séjour pour investisseur | Question 6203 (17/05/2022) de M. Roy Reding (ADR)**

D'Europaparlament huet sech virun e puer Wochen an engem Vott géint déi a verschiddenen EU-Länner - ënner anerem och a Lëtzebuerg - applizéiert Praxis ausgeschwat, et auslännesche Staatsbürger ze

<sup>10</sup> (i) la décision du Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, datée du 28 avril 2017, déclarant recevable la demande d'accréditation de l'Institut ... et de nouveaux programmes de formation, sous condition que le dossier d'accréditation se limite à quatre programmes de formation au maximum, (ii) la décision du Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche datée du 6 juillet 2018, (iii) l'arrêt du Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche daté du 6 juillet 2018, portant accréditation de l'Institut ... et des programmes de formation ... (Bachelor) et ... (Master), (iv) l'arrêt du Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche daté du 6 juillet 2018 limitant l'accréditation du programme de formation ... (Bachelor) au 14 septembre 2020 et du programme de formation ... (Master) au 14 septembre 2019, (v) l'arrêt du Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche daté du 22 juillet 2016 tel que modifié, (vi) la décision du Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche datée du 25 juillet 2018, (vii) l'arrêt du Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche daté du 25 juillet 2018 portant accréditation du programme ... (Bachelor) jusqu'au 14 mars 2021

<sup>11</sup> <https://mesr.gouvernement.lu/dam-assets/documents/reconnaissance-academique/220518-formations-superieures-accreditees.pdf>



erméiglechen, mat Investitiounen een Openthaltrecht am betreffende Land ze kréien. D'Europaparlament huet déi Europäesch Kommissioun opgefuerdert, eenheetlech Reegelen ze schafen, wat dës Acquisitiounsmethod vun engem Openthaltrecht ugeet.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Justizministesch:

- Wéi steet déi Lëtzebuerger Regierung zur mentionéierter Opfuerderung vum Europaparlament un d'EU-Kommissioun? Geet d'Regierung dervun aus, datt d'EU-Parlament mat dësem Vott seng Kompetenzen iwwerschritt huet an datt et de Memberlänner iwwerlooss soll bleiwen, festzeleeën, ënner wéi enge Konditiounen si Openthaltrechter un auslännesch Staatsbierger verginn?

- Ass d'Regierung gewëllt, eis national Souveränitéit an dësem Beräich géintwärt der EU ze verdeedegen?

**Réponse** (16/06/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Beim ernimmte Vott vum Europaparlament handelt et sech ëm e Vott vun enger Resolutioun vum 9. März 2022. Eng Resolutioun huet virun allem eng politesch Valeur an definéiert d'Positioun vun der Institutioun op dësem Dossier. Juristesch contrainant ass déi Resolutioun vum 9. März 2022 deemno net.

D'Europaparlament ass fräi, sech op diversen Dossierer ze positionéieren an déi Meenungen no baussen ze droen. Bei juristeschen contrainanten Texter, déi duerch d'legislativ Prozedur vun der EU lafen, bréngen d'Memberstaaten hir Positiounen an.

**Sécurité du personnel dans les maisons communales** | Question **6206** (17/05/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Ee Gemengenhaas ass en ëffentlecht Gebai, dat fir all Bierger zougänglech ass. A ville Gemengegebaier ass et awer esou, dass Visiteuren, gréisstendeels onkontrolléiert a fräi duerch d'Gebai zirkuléiere kënnen. Am Verglach dozou ass a verschiddene Ministère den Accès méi streng gereegelt.

An deem Zesammenhang wëllt ech der Ministesch fir Interieur dës Froen stellen:

1. Wéi eng national Reegele suerge fir d'Sécherheet vum Gemengepersonal an de Gemengenhäuser?

2. Ass d'Ministesch der Meenung, dass d'Sécherheitskonzept fir d'Gemengepersonal an de Gemengenhäuser genuch ausgebaut ass?

**Réponse** (07/06/2022) de **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

D'modifizéiert Gesetz vum 19. März 1988 « concernant la sécurité dans les administrations et services de l'État, dans les établissements publics et dans les écoles » gesäit national Reegele vir. D'Zil vum Gesetz, dat och fir Gemengen, Gemengesyndikater an aner ëffentlech Aariichungen, déi ënnert d'Surveillance vun de Gemenge falen, gëllt, ass folgend: « assurer l'intégrité physique de tous les participants aux activités professionnelles et scolaires définies ci-après et de mettre en œuvre les moyens appropriés pour créer, dans les établissements concernés et à l'occasion de ces activités, les conditions de sécurité adéquates. »

Wat den Accès zu de Schoulgebaier vun de Gemengen an d'Sécherheet an dësen ugeet, verweisen ech och nach op déi gemeinsam Äntwert vum Schoulminister a vu mir op d'parlamentaresch Fro N° 5164.

Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Gemengen hir legal Obligatiounen erfëllen a fir adequat Sécherheitskonzepte am Interessi vum Personal an den Notzer vun de Gemengeservicer suergen.

**Censure d'un artiste russe** | Question **6219** (19/05/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Wéi a verschiddenen Artikelen um Site vum 100,7 an am „Luxemburger Wort“ ze liese war, huet déi ukrainesch Ambassade gefuerdert, d'Ausstellung „The Rape of Europe“ am Nationalmusée ofzesoen, well d'Wierker vun engem russeschen Kënschtler, dem Maxime Kantor, hei ausgestallt ginn. D'„Wort“ zitéiert d'Objectiounen, déi virbruecht gi sinn: « Le MNHA et Michel Polfer s'en rendraient „inconsciemment complices“ d'une justification de crimes de guerre et du financement du „viol de l'Europe“ [...] »

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froen stellen:

1. Huet d'Ambassade vun der Ukrain gefrot, fir déi Ausstellung ofzesoen? Wa jo, huet d'Lëtzebuerger Regierung reagéiert an op wéi eng Manéier?

2. Wa jo, wëll d'Regierung der Ambassade vun der Ukrain matdeelen, datt et net enger auslännescher Ambassade hir Aufgab ass, fir sech an intern Ugeleeënheete vu Lëtzebuerg anzemëschen?

3. Wëll d'Regierung an dësem Kontext eng kloer Erklärung géint all Versuch vun Zensur maachen?

**Réponse commune** (16/06/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture

Weeder de Musée national d'histoire et d'art (MNHA) nach den Aussen- an Europaministère oder de Kulturministère si vun der ukrainescher Ambassade gefrot ginn, d'Ausstellung vum Maxim Kantor „The Rape of Europe“ ofzesoen.

Dës Regierung steet weiderhi fir Meenungs- a Konschtfreiheet, esou wéi se an eisem Rechtsstaat garantéiert sinn.

**Comptes bancaires des dénommés « Américains accidentels »** | Question **6228** (19/05/2022) de **M. Laurent Mosar** | **Mme Viviane Reding** (CSV)

Faute de pouvoir satisfaire à la réglementation des États-Unis visant à lutter contre l'évasion fiscale, les banques européennes pourraient être obligées de fermer les comptes bancaires des dénommés « Américains accidentels » - des personnes nées aux États-Unis mais qui n'ont plus d'attache avec ce pays. En effet, en vertu de l'accord FATCA, les « Américains accidentels » sont tenus de fournir à leur banque un numéro d'identification fiscale, qu'il est difficile d'obtenir. Le problème : sans ce numéro d'identification, les banques européennes pourraient faire l'objet de lourdes sanctions prévues dans le cadre de l'accord FATCA. Une dérogation avait été prévue dans un premier temps pour exonérer les banques de cette obligation.

D'après l'Association des Américains accidentels (AAA), un rendez-vous est prévu ce 31 mai 2022 entre la présidence française du Conseil de l'Union européenne et l'« Internal Revenue Service » des États-Unis pour discuter de cette problématique. L'Union européenne a travaillé sur une proposition soutenue par les États membres.

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances :

- Madame la Ministre a-t-elle connaissance de cette problématique et de la tenue de la réunion mentionnée ci-dessus ? Quelle est la position du Gouvernement par rapport à cette problématique ?

- Au total, plus de 300.000 comptes bancaires d'« Américains accidentels » seraient en danger d'après l'AAA. Est-ce que des banques luxembourgeoises sont concernées par cette problématique ? Dans l'affirmative, combien de comptes risqueraient d'être fermés ?

- Que contient la proposition que le Conseil de l'Union européenne compte soumettre à l'« Internal Revenue Service » ?

D'après nos informations, il n'est pas prévu lors de cette réunion du 31 mai 2022 d'aborder les problèmes liés à la compatibilité de l'accord FATCA avec les exigences du Règlement général sur la protection des données (RGPD), que nous avons déjà abordés notamment dans les questions parlementaires n° 4115 du 19 avril 2021 et n° 4755 du 27 juillet 2021.

Dans ce contexte, nous voudrions poser la question suivante à Madame la Ministre des Finances :

- Où en sont les discussions au niveau européen au sujet des implications des règles en matière de protection des données sur les accords internationaux en matière d'échange d'informations à des fins fiscales ?

**Réponse** (20/06/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Dans le contexte de la problématique d'obtention d'un numéro d'identification fiscale par les détenteurs des comptes bancaires des dénommés « Américains accidentels » en vertu de l'accord FATCA et des discussions qui se sont tenues le 31 mai 2022 entre la présidence française du Conseil de l'Union européenne et l'« Internal Revenue Service » des États-Unis, les honorables Députés s'interrogent sur les développements récents et l'impact potentiel sur les banques luxembourgeoises.

La tenue de la réunion précitée s'inscrit dans le cadre des discussions continues au niveau du Conseil de l'Union européenne, comme par ailleurs déjà mentionné dans les réponses aux questions parlementaires n° 3382 et n° 4755 du 6 janvier 2021 et du 27 juillet 2021. Le Grand-Duché de Luxembourg soutient en principe une approche coordonnée au niveau européen, qui est considérée comme la plus adaptée afin de pleinement tenir compte du contexte ayant présidé à la mise en place des accords FATCA.

En ce qui concerne la deuxième question des honorables Députés, il y a lieu de noter que le nombre des « Américains accidentels » devrait en principe s'avérer gérable pour les banques luxembourgeoises.

La proposition du Conseil de l'Union européenne d'une approche commune vise à confirmer l'efficacité de la diligence raisonnable effectuée par les institutions financières européennes. Elle est basée sur quatre indices cumulatifs que les institutions financières concernées devront établir afin d'attester la véracité des efforts déployés permettant de certifier la conformité avec les obligations découlant de l'accord FATCA en présence d'un client de nationalité américaine.

S'agissant des discussions au niveau européen au sujet des implications des règles en matière de la protection des données sur les accords internationaux en matière d'échange d'informations à des fins fiscales, il n'y a à ce jour pas d'élément nouveau par rapport aux informations indiquées dans les réponses aux questions parlementaires citées ci-dessus.



**CGDIS zone Nord** | Question **6229** (20/05/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Mir ass zougedroe ginn, datt an de CGDIS-Zentren zu Clief, Nordstad a Wooltz Beruffspompjeeën sollen ofgezu ginn, fir an anere Regiounen agesat ze ginn.

Et ass kloer, datt dës Decisioun, sollt se dann ëmgesat ginn, d'Disponibilitéit u Personal an eisen Ambulanzen net verbessert.

Dofir wollt ech der Madamm Inneministesch folgend Froe stellen:

1. Stëmmt et, datt Personal aus dem Norden ofgezu gëtt an an aner Zentre reafektéiert gëtt?
2. Wa jo, wat ass d'Ursach dofir?
3. Wou sollen dës Persounen nei affektéiert ginn?

4. Wéi gesäit de Moment de Personaltabelle an de CGDIS-Zentren Norden aus a wat gëtt konkret ënnerholl fir si bei wuessender Bevëlkerung personell ze verstärken?

**Réponse** (17/06/2022) de **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

Neen, et stëmmt net, datt Beruffspompjeeën, déi an engem vun den Asazenteren (CIS) aus der Regioun Norden affektéiert sinn, ofgezu goufen oder solle ginn.

Den Effectif vu Beruffspompjeeën an de CISen aus dem Norden ass tëscht 2018 an 2022 vun 21 op 64 eropgaangen. Grundsätzlech kann ee soen, datt d'Disponibilitéit vun dëse CISen haut besser ass, wéi se jee virdru war.

Mat der Ëmsetzung vum Plan national d'organisation des secours (PNOS) wäerten och an de kommende Jore weider Ustrengunge gemaach ginn, fir d'zivil Sécherheet am Norden an am ganze Land nach wieder ze verbesseren.

**Projet de construction au centre de Walferdange** | Question **6231** (20/05/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Zu Walfer kruten d'Bierger.innen ee Flyer vun de Majoritéitspartei CSV an déi Gréng ausgedeelt, an deem et iwwert ee gréisser Bauprojet am Zentrum vu Walfer geet. D'Zil vum Flyer ass et, fir d'Bierger ze motivéieren, fir Objektiounen géint dëse Bauprojet anzerechen, wëssend, datt ee vum Gemengerot gestëmmte Moratoire betreffend eben dësem PAP souwuel vum Inneministère a vum Verwaltungsgesamt refuséiert gi war.

Beim Flyer fält op, dass en zwar am Numm vun de Partei publizéiert (a warscheinlech finanziert) gouf, et awer net ganz kloer ass, wien an dësem Fall de Sender vum Message ass. Effektiv féiert de benotzte Stil zu Vermessungen ob elo d'Gemengeverwaltung, de Gemengerot, de Schafferot oder d'Majoritéitsparteiën dës Invitatioun gemaach hunn.

An deem Zesammenhang wëllt ech der Ministesch fir Interieur dës Froe stellen:

1. Fënn d'Ministesch et glécklech, dass zwou lokal Sektouren aus enger Majoritéit ee Communiqué an hirem Numm erausginn, an als Kontakt-méiglechkeet d'Gemengesekretariat vun der Gemeng Walfer uginn?
2. Wéi eng Reegele muss eng Gemeng beuechten, wann si ee Communiqué erausgëtt?

A wéi enger Form dierfe Parteizeeche, Nimm oder Logoen op Communiquéën vun enger Gemeng figuréieren?

3. Wéi eng Méiglechkeeten huet den Inneministère als Ministère de tutelle, fir Gemengen oder Sektouren ze sanktionéieren, déi d'Reegelen net respektéieren?

4. Wéi verhënnert d'Ministesch, dass Majoritéitsparteiën ee Gemengesekretariat fir hir Parteiarbecht méissbrauchen?

**Réponse** (07/06/2022) de **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

Den Deputéierten informéiert sech iwwert e Flyer, deen an der Gemeng Walfer vun de Majoritéitsparteiën aus dem Gemengerot verdeelt ginn ass.

Quitte dass de Flyer d'Adress an eng E-mail-Adress vun der Gemeng Walfer, souwéi e QR-Code iwwert deen een op eng Internetsäit vun der Gemeng kënnt, wou een Zougank zum PAP kritt, schéngt et mir awer kloer ze sinn, dass d'Editeuren d'Lokalsektiounen vun de Majoritéitsparteiën aus dem Gemengerot sinn an dass keng Verwieslungsgefor mat der Gemeng selwer besteet.

D'Kontakter, déi am Flyer stinn, sinn alleguer effentlech zougänglech, a well d'Gemengeverwaltung souwiesou den Adressat vun Objektiounen an Observatiounen am Kader vun enger PAP-Prozedur ass, gesinn ech och kee Méissbrauch vun den Adressen. Doriwwer eraus ass et och net u mir, fir mech als Inneministesch zu politeschen Initiative vun de Lokalsektiounen vun de Parteien ze äusseren.

Wat d'Kommunikatiounen vun de Gemengen ugeet, verweisen ech op meng Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N° 0905, N° 1969 an N° 6071, déi un dës Äntwert annexéiert sinn.

*(Annexes à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

Als Inneministesch hunn ech eng Surveillance iwwert d'Gestioun vun de Gemengen, mat de bekannten Instrumenter aus dem Gemengesetz, déi awer net d'Kommunikatiounen vun de Gemengen viséieren. Ech si weeder zoustänneg, fir d'Lokalsektiounen vun de Parteien ze iwwerwaachen, nach ze sanktionéieren.

**Fermeture du bureau d'information de l'armée** | Question **6232** (20/05/2022) de **M. Gusty Graas** | **M. André Bauler** (DP)

D'Lëtzebuurger Arméi huet hautdesdaags eng gréisser Unzuel un usprochsvollen Aufgaben ze bewältegen. Nieft internationale Friddens- an Ausbildungsmissiounen ass d'Arméi och a Krisengebitter aktiv, an hëlleft ënner anerem am Fall vun Naturkatastrophen a vu Pandemien. Fir déi Panoplie u Missiounen beschméiglech ze garantéieren, spillt d'Rekrutierung vun engagierten Zaldoten eng primordial Roll. An deem Kontext ass eis zu Ouere komm, dass de Rekrutierungsbüro vun der Arméi um Boulevard Royal an der Stad, deen zanter September 2016 fonctionéiert, an noer Zukunft soll zougemaach ginn.

An deem Kader wollte mir dem Här Verdedegungsminister folgend Froe stellen:

1. Kann den Här Minister dës Informatiounen bestätegen?
2. Wa jo, wat sinn d'Grënn dofir?
3. Ass geplangt, fir en neie Büro op enger anerer Plaz opzemaachen?
4. Ass eng Rekrutierungscampagne fir d'Arméi virgesinn, esou wéi dat beim CGDIS a bei der Police de Fall war?

**Réponse** (07/06/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Défense

ad 1. + 2. Nee, d'Informatioun, dass de „Bureau de recrutement et d'information“ vun der Arméi an noer Zukunft soll zougemaach gëtt, kann ech net bestätegen.

ad 3. Nee, et ass net geplangt fir en neie Büro op enger anerer Plaz opzemaachen.

ad 4. D'Arméi mécht all Joer Rekrutierungscampagnen. D'Virlog fir dat neit Militärgesetz, dat leschte Summer an der Chamber deposéiert gouf, gesäit d'Affäre vun neie militäresche Karriären an den Traitementsgruppen A2 a B1 vir. D'Akraafttriede vun deem Gesetz wäert Ulooss fir eng cibléiert Campagne bei de Primaner an de Studente mat engem Bachelor-diplom ginn.

**Limitation de vitesse sur la route nationale E421** | Question **6233** (23/05/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

D'Nordstrooss féiert och duerch d'Dierfer Maarnech a Fëschbech, wou si den Numm E421 dréit. Zënter Laangem reegen sech besuergte Bierger an den Dierfer Maarnech a Fëschbech iwwert déi onméiglech Sécherheetssituatioun an hirem Duerf op. D'Vitesslimitatioun vun der E421 ass zu Maarnech a Fëschbech mat 70 km/h ugin. Leider ass et esou, datt sech sëllege Gefierer net un dës Limit halen a Maarnech a Fëschbech mat staark erhéichter Vitess passéieren. Grad och zu de Stousszäite kënnt et de Bierger vir, ewéi wann d'E421 zu Maarnech a Fëschbech éischter eng Schnellstrooss, ewéi eng Duerfstrooss wär.

Besonnenesch brenzeleg ass an deem Kontext, datt et zu Maarnech, kuerz virun deems, datt een op Fëschbech kënnt, en Zebrastreife gëtt, deen um Ufank vu Maarnech net gutt ze gesinn ass. Dacks hunn d'Gefierer, déi mat erhéichter Vitess ënnerwee sinn, net méi genuch Zäit, fir op den Zebrastreifen ze reagéieren, wa Persounen dës passéieren. Et ass bedauerenswäerter Weis scho vill ze dacks zu ganz geféierleche Situatiounen komm, wou Gefierer dës Persounen, déi iwwert den Zebrastreife goe wëllen, eréischt am leschte Moment konnten auswäichen.

Vill Bierger vu Maarnech a Fëschbech fäerte mëttlerweil well, datt et just nach eng Fro vun der Zäit ass, bis et hei zu engem schwéieren - a potenziell déidlechen - Accident kënnt. Et muss ee bedenken, datt grad och dacks Schoulkanner iwwert dësen Zebrastreife ginn.

Och vermessen d'Bierger eng méi staark Policepresenz, fir där beschriwwener Problematik entgéintzewierken. Dozou sief ugemierkt, datt et op där beschriwwener Plaz an de leschte Joren och schonn zu Accidenter komm ass.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister:

1. Ass sech den Här Mobilitéitsminister deenen uewe genannte Gefore fir d'Dierfer Maarnech a Fëschbech bewusst?
2. Wat gedenkt den Här Minister ze ënnerhuelen, fir dës geféierlech Situatioun ze entschärfen? Wier et an deem Kontext an den Ae vum Här Minister ë. a. net och sënnavoll, op där beschriwwener Plaz méi dacks offiziell Policekontrollen ofzehalen?

**Réponse** (20/06/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Während dem Ausbau vun der Nationalstrooss N7 (E421) an de 70er- respektiv 80er-Jore stoungen op der Héicht vu Maarnech a Fëschbech nëmmen e puer



vereenzelt Haier laanscht d'Strooss. D'Unzuel vun den Haier huet sech awer am Verlaf vun de Joren duerch déi zousätzlech Bebauung vun deenen un d'N7 ugrenzende Parzelle gesteigert. Esou ass d'N7 deemools och ni als „Duerfstrooss“ geduecht gewiescht.

Als Reaktioun op déi zousätzlech Bebauung laanscht d'N7 ass déi maximal erlaabte Vitess op 70 km/h erofgesat ginn, a fir den Automobilist zousätzlech op dës Vitess opmierksam ze maache respektiv ze sensibiliséieren, sinn niewent der Beschëlderung zwou Geschwindigkeetsstafelen opgeriicht ginn.

Dee vum honorabelen Deputéierten erwänten Zebrasträifen op der Fëschberstrooss ass vun der Clierfer Gemeng zousätzlech mat Roude Luuchte gesécherst ginn, fir den Iwwergang fir de Foussgänger op dëser Plaz sou sécher wéi méiglech ze gestalten.

Betreffend déi vum honorabelen Deputéierten gefrote Policepresenz, duerch déi den Automobilist op eventuell Geforen a Konfliktsituatiounen op der Héicht vu Maarnech a Fëschbech soll sensibiliséiert ginn, ass unzemierken, dass eventuell Sanktiounen bei Verstéiss géint de Code de la route een Deel vun de Missiounen vun der d'groussherzoglecher Police duerstellt. Wéi dem honorabelen Deputéierten awer sécherlech bewosst ass, zielen d'Missiounen vun der groussherzoglecher Police net zu mengen Attributiounen, deementspreechend ech mech am Kader vun dëser parlamentarescher Fro och net dozou äussere kann.

#### Variole du singe | Question 6234 (23/05/2022) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)

D'Meldungen iwwert déi sougenannt Afepouken hunn sech an de leschten Deeg iwwerschloen. Net méi spéit ewéi e Sonndeg huet d'Weltgesundheitsorganisatioun WHO zum Handeln opgeruff. Well et wichteg wier, fir d'Leit dréngend, séier an ëmfaassend ze sensibiliséieren an och ze informéieren. Et wier nämlech mat enger weiderer Ausbreedung vun den Afepouken ze rechnen. An elo scho ginn d'Fäll laut Medieberichter weltwäit an d'Luucht. An Europa virun allem a Groussbritannien, mee och a Portugal, Spuenien, Däitschland an och an der Belsch.

Bis elo huet d'Lëtzebuurger Santé e Samschdeg via Communiqué just matgedeelt, datt et zu Lëtzebuerg nach kee Fall géif ginn. An datt et wichteg wier, opmierksam ze bleiven. Nach maachen awer ëmmer méi Leit sech Suergen a stellen sech vill Froen. Grad och elo virun der Vakanzenzäit am Summer.

An deem Kontext wëll ech duerfir folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

- Kann d'Regierung d'Meldungen aus der Press confirméieren, datt et nach kee Fall vun Afepouken zu Lëtzebuerg gëtt?

- Wéi héich gesäit d'Regierung d'Probabilitéit, datt et och zu Fäll zu Lëtzebuerg wäert kommen?

- Wéi genee preparéiert d'Regierung sech, wann et géif zu engem Ausbroch zu Lëtzebuerg kommen? Wéi géif an dësem Fall den Urgenceplang ausgesinn?

- Sollt et zu engem Ausbroch zu Lëtzebuerg kommen, ass d'Regierung prett, fir den Traçage sécherzestellen? Ass dann och eng Isolatioun geplangt, wéi d'WHO et verlaangt?

- Wéi gedenkt d'Regierung, d'Leit am Sënn vun der WHO konkret an ëmfaassend ze sensibiliséieren an och ze informéieren? Ass zum Beispill hei och eng

Campagne an de Medie geplangt, déi iwwert e Communiqué erausgeet?

- Steet d'Regierung a Saachen Afepouken am permanenten Austausch mat der WHO?

- Wat ass de leschte Stand, wat d'Iwwerdroungsweeër ugeet? Wéi kënnen d'Leit sech konkret virun dëser Krankheet schützen?

- Wat ass de leschte Stand, wat d'Symptomer ugeet? Wéini sollen d'Leit bei den Dokter goen?

- Wéi geféierlech ass dës Krankheet laut de leschte Regierungsinformatiounen wierklech?

- Op wat mussen d'Leit bei Reesen an d'Ausland grad am Summer an der Vakanzenzäit oppassen?

**Réponse (30/05/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

D'Regierung konfirméiert, dass bis elo kee Fall vun Afepouken zu Lëtzebuerg gemellt gouf.

Och wann d'Probabilitéit geréng ass, dass e Fall zu Lëtzebuerg optaucht (bis elo gouf et nëmmen eng 200 Fäll fir ganz Europa), muss een sech natierlech op esou eng Méiglechkeet preparéieren.

D'Direktioun vun der Santé huet dofir bis elo eng Rei Moossname geholl, en ligne mat de Recommandatiounen vum ECDC<sup>12</sup>:

- Informatioun vun allen Dokteren iwwert d'Krankheet via eng lettre-circulaire vum Gesondheitsdirekter den 20. Mee 2022.

- Diskussiounen mam Service national des maladies infectieuses, fir sech op een eventuelle Fall virzebeereeden, a puncto Isolement (21 Deeg) an Traitement. Esou een Isolement géif iwwert eng Ordonnance du directeur de la santé lafen, conforme mat dem Artikel 10 vum Direktiounsgesetz vun 1980.

- Kontakter mam Nationale Gesondheitslaboratoire (LNS) a Konfirmatioun, dass dës capabel ass, d'virologesch Diagnose ze stelle via PCR.

- De Règlement grand-ducal d'exécution vum Gesetz vum 1. August 2018 iwwert d'meldeflichteg Krankheete wäert kuerzfristeg adaptéiert ginn, fir och d'Afepouken anzeschlëssen.

- D'Inspection sanitaire vun der Gesondheitsdirektioun ass natierlech Expert fir all Form vu Contacttracing an huet sech och speziell op d'Afepouke virbereet.

- Eng eventuell Kontaktpersoun brauch keng strikt Quarantän ze maachen, de Risiko vun enger Iwwerdroung ass kleng. D'Persoun soll sech awer selwer iwwerwaachen a bei Symptomer de Service national des maladies infectieuses kontaktéieren. Während 21 Deeg nom eventuell infektiöse Kontakt soll all Persoun op enk Kontakter mat anere verzichten (besonnesch op sexuell Rapporten), keng grouss Rassemblementen opsichen, e Mask undoen, falls eng Distanz vun zwee Meter vis-à-vis vun anere Persounen net kann agehale ginn (Principe de précaution, bis elo ass awer nach keng respiratoresch Iwwerdroung bewisen), an sech natierlech reegelméisseg d'Hänn wäuschen.

- D'Direktioun vun der Santé wäert och iwwert en Joint Procurement via d'europäesch Autoritéit HERA (Health Emergency Preparedness and Response Authority) eng kleng Quantitéit Impfstoff géint d'Pouken akafen. Dës kann eventuell um Asaz komme bei sougenannte „Ringimpfungen“, d.h. Impfungen vu Leit, déi an enkem Kontakt mat infizéierte Leit waren. Lëtzebuerg probéiert och, iwwert een änleche Mechanismus,

d'antiviraalt Medikament Tecovirimat anzekafen. Dëst Medikament kéint eventuell agesat gi bei infizéierte Leit, bei deenen e schlëmme Verlaf vun der Krankheet ze fäerten ass (z. B. héich immunodepriméiert Leit).

- Schlussendlech wäert de Conseil supérieur des maladies infectieuses sech och kuerzfristeg mat dem Thema befaassen an eventuell weider Recommandatiounen maachen. Lëtzebuerg ass permanent a Kontakt mat der WHO an och mat de kompetenten EU-Autoritéiten (ECDC an Health Security Committee), an dat iwweregens och ausserhalb vun Ausbréch vun Infektiounen. Zwou Attachées Santé, eng bei der Représentation permanente zu Bréssel an eng bei der Ambassade zu Genève, suergen deeglech dofir, dass all relevant Informatioun vun dësen EU- respektiv internationalen Instanzen weidergeleet gëtt op Lëtzebuerg an dass mir och eventuell Froen un dës Organisme stelle kënnen. Des Weidere sinn d'Mataarbechter vun der Gesondheitsdirektioun Member vun de ville permanenten Aarbechtsgruppen, déi vun dësen Organisatiounen geleet ginn, an ënnerhalen op techneschem Niveau e ganz enken Echange.

D'Afepouke ginn haaptsächlech iwwert direkt, meeschtens intim Kontakter iwwerdreien. Esou Kontakter, besonnesch mat onbekannte Persounen, ze vermeiden, reduzéiert de Risk vu Contamination, esouwuel doheem wéi an der Vakanz. D'Krankheet ass besonnesch e Risiko (schlëmme Verlaf, Doudesfall) fir Leit, déi geschwächt sinn, z. B. duerch eng Immunschwächt oder eng aner schwéier Krankheet.

jee no Verlaf vun dësem Ausbroch an den nächsten Deeg wäert de Gesondheitsministère weiderhin d'Populatioun informéieren iwwert déi üblech Medien.

#### Délais de remboursement longs par la CNS | Question 6239 (23/05/2022) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)

Il y a quelques semaines, la CNS et partant les assurés étaient confrontés à des délais de remboursement excessivement longs par rapport aux délais habituels de l'ordre de deux à trois semaines.

1) Monsieur le Président de la CNS ayant annoncé un retour progressif à la normale au courant du printemps, j'aimerais savoir de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale si la situation s'est entre-temps normalisée.

2) Quels sont les délais de remboursement pour les caisses de maladie n'ayant pas rejoint la CNS en 2010 ?

**Réponse (16/06/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale**

ad 1) La situation des départements de la CNS en charge du remboursement des prestations de soins de santé n'a pas considérablement changé depuis la dernière question parlementaire n° 5758 du 14 février 2022. Il s'ensuit que les délais de remboursement restent relativement élevés avec une durée de traitement des factures de cinq semaines.

ad 2) Les autres caisses de maladie n'ont pas de délai de remboursement importants.

Ainsi, la Caisse de maladie des fonctionnaires et employés communaux (CMFEC) affiche un délai d'attente des remboursements en rapport avec les frais médicaux nationaux de deux semaines et n'a aucun retard accumulé. Le délai d'attente des remboursements en rapport avec les frais médicaux internationaux est entre deux semaines et trois mois. Un délai

<sup>12</sup> European Centre for Disease Prevention and Control: Monkeypox Multi-country Outbreak. 23 May 2022, ECDC, Stockholm; 2022



d'attente plus longue s'applique seulement aux cas de tarification par une caisse de maladie étrangère. La CMFEC n'a que dans des situations exceptionnelles, donc très rarement, un retard minimal d'une semaine au plus.

La Caisse de maladie des fonctionnaires et employés publics (CMFEP) a un retard actuel de sept jours ouvrables. Les virements sur les comptes des assurés se font dans un délai de deux à trois semaines. Dans ce contexte, il y a lieu de noter que les dossiers ont augmenté de 11,5 % les quatre premiers mois de l'année 2022. La CMFEP compte néanmoins évacuer ce retard dans les prochains deux mois.

L'Entraide médicale des CFL n'affiche aucun délai de remboursement. Les demandes sont traitées entre un à six jours ouvrables, avec une moyenne de 2,84 jours.

Globalement, la mise en œuvre du projet de digitalisation de la procédure de prise en charge des mémoires d'honoraires continue. Les outils, qui seront opérationnels dans un avenir proche, permettront, dans une première étape, d'accélérer le remboursement des mémoires d'honoraires et puis, dans une deuxième étape, la mise en place du paiement immédiat direct permettra une prise en charge immédiate.

Comme la mise en œuvre se déroulera en étapes, la digitalisation permettra au fur et à mesure de la mise en œuvre de chaque étape de réduire en conséquence les délais de transmission des informations, de traitements des données et du paiement des prestations.

#### Digitalisation de la justice | Question 6241 (24/05/2022) de Mme Diane Adehm (CSV)

Le dernier Tableau de bord de l'Union européenne sur la justice, publié la semaine dernière, ne laisse planer aucun doute quant à l'indépendance de la justice luxembourgeoise qui jouit, par ailleurs, de la confiance des Luxembourgeois. Cependant, pour ce qui est de la digitalisation de la justice, le Luxembourg n'est pas sur la voie pour atteindre les objectifs et se classe 23<sup>e</sup> sur 25, juste devant la Roumanie et la Hongrie. Ce classement s'explique avant tout par le manque d'outils technologiques dans les procédures judiciaires ou le fait que l'on ne puisse pas consulter en ligne certains actes juridiques.

C'est précisément dans ce contexte que je désirerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Justice :

- Comment Madame la Ministre considère-t-elle le classement du Luxembourg en 23<sup>e</sup> position en matière de digitalisation de la justice et quelles doivent être les conclusions à retenir selon Madame la Ministre ?

- Existe-t-il une stratégie visant à promouvoir la digitalisation de la justice au Luxembourg ?

• Dans l'affirmative, Madame la Ministre peut-elle nous expliquer les grands traits de cette stratégie ?

• Dans la négative, Madame la Ministre a-t-elle l'intention d'élaborer une telle stratégie pour la numérisation de la justice ?

**Réponse** (09/06/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

Le Ministère de la Justice prend connaissance avec intérêt des recommandations de la Commission et entend poursuivre ses efforts en vue d'une dématérialisation à terme des procédures devant la justice.

- Le programme PaperLess Justice fédère un ensemble de projets lancés par le Ministère de la

Justice du Grand-Duché du Luxembourg ayant pour objectif commun de favoriser la dématérialisation des échanges et des dossiers de la justice au Grand-Duché de Luxembourg.

- Les projets visent à instaurer, d'une part, le dossier judiciaire électronique au sein des tribunaux de la justice du Grand-Duché du Luxembourg et, d'autre part, digitaliser les échanges entre les acteurs internes (magistrats, greffiers ...) et les acteurs externes (avocats, huissiers, notaires, justiciables ...).

- Les gains attendus sont principalement une meilleure efficacité et une simplification pour les professionnels. Ces gains seront perceptibles dans un second temps pour les justiciables au travers d'une meilleure transparence, accessibilité et efficacité.

Le programme inclut et suit 13 différents projets en tout.

Il s'agit notamment des projets suivants :

JUPAL (projet d'accompagnement)

MJMDL (modification des lois)

JUCIV (chaîne civile)

JUMDJ (mise à disposition de la jurisprudence)

JUPOD (ordonnances de paiement)

JUPSA (saisie-arrêt)

MJECI (plateforme d'échanges sécurisés)

JANGA (Back-office des juridictions administratives pour traitement des requêtes reçues par la plateforme d'échanges sécurisés).

Depuis 2020, le Ministère de la Justice a engagé un consultant externe avec pour mission d'accompagner les différentes instances durant le projet JUPAL.

Compte tenu de la complexité et des aspects techniques de chaque projet et compte tenu des effectifs limités du service informatique de la justice, ces différents projets progressent à leur propre rythme.

Certains des projets sont plus avancés que d'autres.

Le projet de mise à disposition de la jurisprudence (JUMDJ) est réalisé depuis septembre 2020. Chaque décision de justice, que ce soit de l'ordre judiciaire ou de l'ordre administratif, est publiée sous une forme anonymisée sur le site Internet des juridictions.

Les autorités ont décidé de réserver une priorité à la dématérialisation des procédures devant les juridictions administratives (projet JANGA). Un projet-pilote est actuellement en préparation et sera réalisé en 2023.

#### Déclaration d'intérêts des membres du Gouvernement | Question 6251 (25/05/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Den Deontologieskodex, deen sech d'Regierung selwer operluecht huet, gesäit vir, dass all Minister eng Lëscht opstelle muss, aus där fir de Public ersichtlech gëtt, ob ee Regierungsmember Interessekonflikter kéint hunn.

An där aktueller Wunnengskris ass bebaubare Buedem zu Gold ginn. D'Plus-Valuen, déi ee mat Investissementen an Immobilien ka maachen, sinn héich lukrativ. Momentan muss ee Regierungsmember awer net ugin, ob en, ausser sengem Wunnsätz, weider Terrainen oder Immobilien besëtzt.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Premierminister dës Fro stellen:

- Wier d'Regierung bereet, fir d'Deklaratioun aus dem Deontologieskodex op Immobilien an Terrainen ze erweideren, fir esou an der aktueller

Immobiliekris transparent mat Interessekonflikter ëmzegen?

**Réponse** (09/06/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État

Laut dem Artikel 2 Paragraph 1, Punkt 4 vum ofgeännerte groussherzoglechen Arrêté vum 14. Mäerz 2022, deen d'deontologesch Reegelen vun der Regierungsmembere festsetzt, mussen d'Regierungsmembere an hirer Lëscht schonn haut déi vum honorabelen Deputéierte gefroten Informatiounen ugin, soudass sech d'Fro vun enger Ännerung vum groussherzoglechen Arrêté net stellt.

#### Réserves de sang | Question 6258 (27/05/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

An onser parlamentarescher Fro vum 4. Mee hu mir d'Madamm Gesondheetsministesch gefrot, ob d'Versuergung mat Blutkonserven kuerz- a laangfristeg garantéiert wier, d'wéi d'Croix Rouge ëm déi Zäit en als urgent betitelte Bréif u seng Donateure verschéckt huet, fir si ze invitéieren, Blut spenden ze goen an esou ze hëllefen, déi historesch niddreg Blutreserven erëm opzestocken. An der Äntwert op ons parlamentaresch Fro huet d'Madamm Gesondheetsministesch verséichert, dass d'Autosuffisance hei am Land garantéiert wier, obwuel d'Croix Rouge nach ëmmer de selwechten als urgent betitelte Bréif u seng Membere schéckt, fir se un d'Blutspenden ze kréien.

An dem Zesummenhang, géif ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

1. Wëssend, dass d'Croix Rouge de selwechte Bréif nach ëmmer verschéckt, ass d'Autosuffisance u Blutkonserven hei am Land nach ëmmer garantéiert?

2. Wa jo, firwat gëtt de selwechte Bréif nach ëmmer un d'Donateure geschéckt?

**Réponse** (15/06/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1. Et ass korrekt, dass de Stock u Blutreserven an deene leschten zwee Méint ganz niddereg war. D'ass awer keng „historesch“ Situatioun, wéi et an der parlamentarescher Fro ugedeit gëtt, mee et handelt sech ëm eng Situatioun, mat där de Centre de transfusion sanguine (CTS) vun Zäit zu Zäit konfrontéiert ass, sou wéi d'ass och an den Nopeschlänner den Fall ass.

D'Roud Kräiz hat d'ass Joer ewell e puermol iwwert déi traditionell Medien en Opruff gemaach, mee huet awer decidéiert, och op de Wee vun de Bréiwer ze goen, wéi si gefaart hunn, dass d'Opruff iwwert d'Medien no enger Zäit net méi gehéiert géife ginn. Geleentlech kënn et och vir, datt d'Roud Kräiz d'Blutspender direkt uschreift, fir si op d'Situatioun vum Stock opmierksam ze maachen an ze sensibiliséieren; d'ass Virgoensweis gëtt virun allem Enn des Joers gewielt, wann d'Reserven oft knapp sinn.

ad 2. D'Sensibilisatioun duerch Bréiwer huet gutt funktionéiert an d'Roud Kräiz huet fräiwëllech dës Virgoensweis während e puer Woche bäibehalen, fir de Stock vum CTS ze festegen. All déi Persounen, déi net op déi éischt Invitatioun reagéiert hunn a kee Blut spende gaange sinn, kruten d'ass Courrier eng zweete Kéier geschéckt.

Mee, wéi schonns erwänt ass de CTS ëmmer autark gewiescht.

(Graphiques à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)



**Contrats avec la société RSS-Hydro** | Question 6266 (30/05/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Wéi aus engem Artikel um Site vum 100,7 vum 30. Mee 2022 ervirgeet, soll e Mataarbechter vun der Firma RSS-Hydro gekënnegt kritt hunn, nodeems hien sech an de Medien ëffentlech a kritesch géint d'Regierungshandele während den Iwwerschwemmunge vum Juli 2021 geäussert hat. D'Kënnegung soll zustane komm sinn, well de Patron vun der Firma evitéiere wollt, ënner politeschen Drock ze kommen a seng aner Mataarbechter do virdrunner schützen wollt.

Besonnenesch fragill vis-à-vis vu politeschem Drock sinn Entrepreneuren dann, wann se kontraktuell Relatiounen mat Ministèren ënnerhalen an eventuell fäerte mussen, dass hir Geschäftsbeziungen net weidergefouert wäerte gi bei vun der politescher Linn ofwäichendem Verhalten.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Wirtschaft a fir Finanzen dës Froe stellen:

- Wéi eng Ministèren ënnerhale Geschäftsbeziungen mat RSS-Hydro (oder hunn an der Vergaangenheet Geschäftsbeziungen ënnerhalen)?

Falls et Kontrakter gëtt/gouf: Wéi vill Suen huet de Staat fir Prestatiounen schonn un RSS-Hydro bezuelt a wéi e Montant steet nach aus duerch eventuell nach lafend Kontrakter?

- Huet RSS-Hydro staatlech Subsidien, Primmen oder Aiden erhalen oder lafen aktuell Demandé vun RSS-Hydro fir staatlech Subsidien, Primmen oder Aiden?

Falls jo: Ëm wéi eng Subsidien, Primmen oder Aiden an ëm wéi eng Montanten handelt et sech?

- Huet de Staat Kontakter mat internationalen Organisatiounen vermittelt oder facilitéiert fir RSS-Hydro?

Falls jo: Wéi eng?

**Réponse** (17/06/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministere de l'Économie, Ministere de la Coopération et de l'Action humanitaire

De Wirtschaftsministère ass net Client bei RSS-Hydro an huet an där Form keng Geschäftsbeziungen mat RSS-Hydro.

Wat Bähëllef vum Wirtschaftsministère ugeet, war respektiv ass RSS-Hydro opgrond vun de besteende gesetzleche Bestëmmunge fir folgend Ënnerstëtzen gen eligibel:

- Fuerschung an Entwécklungsbähëllef fir den Developpement vun engem Service, fir mat enger Drone den Impakt vun der Drécht op d'Vegetatioun ze observéieren. Déi Hëllef gouf am Februar 2021 accordéiert. Eng éischt Tranche gouf am November 2021 ausbezuellet an déi zweet gëtt den Ament bearecht.

- Neistarthëllef fir Investitiounen während der Covid-Kris fir eng Hightech-Drone, déi et erméiglecht, nei Servicer unzébiden. Déi Bähëllef gouf am September 2020 accordéiert. Dës Aide ass nach net ausbezuellet, well dofir bis haut nach keng Demande vun RSS-Hydro virliit.

- Covid-19-Nouthëllef fir Mikro-Entreprise vu 5.000 Euro gouf am Mee 2021 ausbezuellet.

- Am Kader vum Fit4Start-Programm ass RSS-Hydro am Januar 2022 zréckbehalen ginn, fir um Track „HPC & Data Analytics“ vun deem Programm matzemaachen.

Am Kader vum Fit4Start-Programm kritt d'Firma an enger éischter Etapp eng Bähëllef vu 50.000 Euro, well se fir de Programm selektionéiert gouf. Dës Bähëllef ass um Punkt ausbezuellet ze ginn. Zousätzlech Bähëllef vu bis zu 80.000 Euro an 20.000 Euro kann d'Firma kréien, wann se de Programm mat Erfolleg ofschléisst an och selwer neit Kapital mobiliséiert. Am Fit4Start „HPC & Data Analytics“ kritt d'Firma och e Startpak fir eng limitéiert Notzung vun der High-Performance-Computing (HPC)-Infrastruktur vu LuxProvide SA (Supercomputer MeluXina).

- RSS-Hydro bedeelegt sech och un de Programme vun der ESA, ënner anerem am Kader vu LuxIMPULSE, dem Lëtzebuerger Programm fir d'Ënnerstëtzung vun der Weltraumfuerschung, dee vun der ESA geréiert gëtt. D'Luxembourg Space Agency (LSA) ass reegelméisseg mat der Firma RSS-Hydro a Kontakt, fir den technesche Suivi vun dësen Programmen ze maachen.

RSS-Hydro huet och am Dezember 2021 beim COPEL eng Bähëllef ugefrot a kritt, fir d'Käschte vun der Participatioun op enger Foire am Ausland ze cofinanzéieren.

D'Firma hëlt och um Programm „Business Partnership Facility“ vun der Direktioun fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Aktioun deel a krut an deem Kader eng Bähëllef zougesprach fir e Projet am Zesummenhang mat enger besserer Notzung vum Waasser duerch eng Modellisatioun vum Floss Niger.

An der Äntwert vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro N° 6267 vum 30. Mee 2022 gouf preziséiert, dass kee Regierungsmember Drock op den Employé vun RSS-Hydro oder d'Firma selwer gemaach huet.

**Licencement suite à la pression politique** | Question 6267 (30/05/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Wéi aus engem Artikel um Site vum 100,7 vum 30. Mee 2022 ervirgeet, soll e Mataarbechter vun der Firma RSS-Hydro gekënnegt kritt hunn, nodeems hien sech an de Medien ëffentlech a kritesch géint d'Regierungshandele während den Iwwerschwemmunge vum Juli 2021 geäussert hat. D'Kënnegung soll zustane komm sinn, well de Patron vun der Firma evitéiere wollt, ënner politeschen Drock ze kommen a seng aner Mataarbechter do virdrunner schützen wollt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Premierminister dës Froe stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass dee vum 100,7 beschriwwene Fall misst mat Bléck op den Deontologiekodex iwwerpréift ginn, sollt sech erausstellen, dass ënnert de politesche Vertrieeder, déi Drock op den Employé an d'Firma ausgeübt hunn, och Regierungsmembere waren?

2. Mat wéi enge Konsequenze misst an deem Fall gerechent ginn?

**Réponse** (01/06/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministere, Ministere d'État

D'Regierung bekennt sech ausdrécklech zum Prinzip vun der Meenungs- a Fuerschungsfreiheet. Et ass eng gängeg Praxis, datt Wëssenschaftler an Experten sech kritesch mat der Regierungsarbeit ausenansetzen. Kritik un der Regierungsarbeit ass an enger Demokratie en normale Virgang an ass a kengster Weis verbueden oder unerwünscht. Deemno huet och kee Regierungsmember Drock op den Employé oder d'Firma gemaach.

**Sous-variant Omicron BA.5 du virus Covid-19** | Question 6306 (07/06/2022) de **M. Claude Wiseler** (CSV)

Laut Medieberichter huet sech d'Omikron-Subvariant BA.5, déi laut der WHO am Januar fir d'éischt a Südafrika opgedaucht ass, an der leschte Woche virun allem a Portugal rasant verbreet an zu héijen Inzidenze gefouert. An deem Kontext géife mir gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- Kënn Dir dës Informatiounen confirméieren?

- Huet sech d'Subvariant BA.5 weider zu Lëtzebuerg verbreet, nodeem se ugangs Mee eng éischte Kéier ze Lëtzebuerg detektéiert gouf?

• Wa jo, wéi héich ass de Prozentsaz par rapport zu der Gesamtziel vun Infektiounen?

- Wat fir Mesurë ginn an deem Zesummenhang ergraff, fir enger neier Well am Hierscht entgéintzewierken?

- Gëtt et nei Erkenntnisser zur Iwwerdrobarkeit an zur Virulenz vun der Subvariant BA.5?

- Sinn déi aktuell Impfstoffer wierksam géint d'Subvariant BA.5?

**Réponse** (09/06/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministere de la Santé

Den Omikron-Subvariant BA.5 ass effektiv responsabel fir den aktuellen Pic an den Inzidenzen vun Neinfektiounen a Portugal. Et muss een dobäi awer präziséieren, dass dës Pic manner héich ass (ongeféier 2.500 Infektiounen pro Dag a Millioun Awunner) wéi déi lescht Infektiounswell a Portugal, déi op de Wanter 2021-2022 zréckgeet (BA.1-Variant, ongeféier 6.000 Infektiounen pro Dag a Millioun Awunner). D'Inzidenz schéngt sech och iwwert déi lescht Deeg ze stabiliséieren an net weider ze klammen.

Aktuell ass den BA.5 och ganz staark präsent zu Lëtzebuerg a representéiert elo 25,4 % vun den Infektiounen an der Kalennerwoch 21 (Rapport Revilux vum LNS). Dës Subvariant ass och warscheinlech responsabel fir déi lichte Hausse vun den Infektiounen déi lescht Deeg an eisem Land.

Änlech epidemiologesch Evolutiounen gesi mir och elo an anere Länner an Europa an an Nordamerika, wou de BA.5 un Terrain gewënnt.

De BA.5 schéngt lichte méi transmissibel ze si wéi aner Omikron-Subvarianten (dofir geet seng Inzidenz jo och erop), mee ass awer den aktuellen Informatiounen no net méi pathogen (d. h. e mécht d'Leit net méi krank wéi aner Varianten).

Éischte Publikatiounen no reagéieren d'Subvarianten BA.4 a BA.5 manner gutt op den Impfstoff, an domat geet d'Probabilitéit erop, dass eng Geimpft (a geboostert) Persoun oder eng Persoun, déi schonns virdrun mat engem anere Variant/Subvariant infizéiert war, sech trotzdem infizéiert.

Et ass duerchaus méiglech, dass bis an den Hierscht eran sech nach eng oder méi aner Variant/Subvariant verbreet. An deem Sënn kann ee keen direkten Zesummenhang hierstellen zwëschen dem aktuellen Variant/Subvariant a wat am Hierscht eventuell op eis zoukënn.

D'Preparatiounen fir den Hierscht lafen dofir normal weider a betreffen déi eenzel Domänen, déi bei der Lutte géint d'Pandemie wichteg sinn: Testing/



PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L — 3208 BETTEMBOURG

Diagnostic (PCR a Schnelltester), Traitement (Antiviral Medikamenter a monoclonal Antikierper), Contacttracing an Isolement, Vaccinatiounen (eventuell nei Impfstoffer) an natierlech alles, wat ënnert den Term NPI fält (non-pharmaceutical interventions, z. B. Masken, Distanz, hygienesch Mesuren ...).

**Rapports d'institutions internationales** | Question 6359 (15/06/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

An engem Artikel vum 100,7 „Logement: IWF mécht Lëtzebuerg konkreet Proposen“ vum 12. Juni 2022 gi verschidde Mesuren thematiséiert, déi den Internationale Wärfungsfong Lëtzebuerg virschléit. Niewent luewende Wierder mécht de Country Report

No. 22/152 och op verschidden Ëmstänn opmierksam, déi en als déficitaire ugesäit. Nohuelbedarf géif et a Saache Logement, am ëffentlechen Déngscht ewéi och un der Steuerreform vun 2017 ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Premier-minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng staatlech Stellen - Ministère, Verwaltungen, Fuerschungszentren asw. - gi consultéiert, fir esou Rapporte vun internationalen Institutiounen (IWF, OECD etc.) auszeschaffen?

2. Wat geschitt an der Reegel mat dëse Rapporten? Gi se am Regierungsrot diskutéiert?

Ginn d'Recommandatiounen un déi jeeweileg Secteure weidergeleet? Gëtt hei fir e gewëssene Suivi gesuergt?

**Réponse** (16/06/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État

ad 1. International Institutiounen si fräi, hir Methoden am Ausschaffen vun hire Lännerrapporten ze wielen. Oft, mee net ëmmer, consultéiere si dobäi déi national staatlech an net staatlech Acteuren, déi fir déi Matière, déi am jeeweilege Rapport traitéiert gëtt, kompetent sinn.

ad 2. Sou pauschal wéi d'Fro et suggeréiert, kann de Suivi vun deene Rapporten, déi ganz heterogeen sinn, wat hir Auteurs an hire Contenu ugeet, net determinéiert ginn. Au cas par cas setzen déi zoustänneg Ministère a le cas échéant och de Regierungsrot sech mat hire Conclusiounen ausernee a loossen se an hir Aarbecht afléissen. An der Reegel si Rapporte vun internationalen Institutiounen ëffentlech fir jiddereen accessibel.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un abocro@chd.lu, andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfëlle beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

**PORT PAYÉ**  
**PS/799**





CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-06

Nouvelles lois

p. 07-11

Séances publiques

p. 11-98

Questions au Gouvernement

p. 98-99

2021-2022

# N°11

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-06

Nouvelles lois ..... p. 07-11

Séances ..... p. 11-98

32<sup>e</sup> séance du mardi 8 février 2022 ..... p. 11-40

33<sup>e</sup> séance du mercredi 9 février 2022 ..... p. 40-72

34<sup>e</sup> séance du jeudi 10 février 2022 ..... p. 72-98

Questions au Gouvernement ..... p. 98-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

26/10/2022

#### Concept et layout :

brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





## Bilan de la session parlementaire 2021-2022

# 12 mois marqués par des événements exceptionnels



de gauche à droite : M. Laurent Scheeck, Secrétaire général, M. Fernand Etgen, Président, M. Gilles Baum, membre de la Conférence des Présidents de la Chambre

Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, a présenté le bilan de la session parlementaire 2021-2022 à l'occasion d'une conférence de presse le 10 octobre 2022.

La session parlementaire qui vient de se terminer a été marquée par beaucoup d'événements hors du commun. Tout d'abord, par le déplacement de la Chambre, qui, après avoir siégé au Cercle municipal pendant 18 mois en raison des restrictions sanitaires, est revenue à son siège historique au « Krautmaart ».

Le retour de la guerre sur le continent européen a également marqué l'actualité parlementaire, culminant par l'intervention du Président ukrainien, M. Volodymyr Zelensky, en séance publique par visio-

conférence. À cette occasion, « la Chambre des Députés a émis un signal sans équivoque en tant qu'institution démocratique », a affirmé M. Etgen, avant d'ajouter que « le drapeau ukrainien continuera à flotter devant la Chambre des Députés ».

### Chiffres-clés de la session 2021-2022

En ce qui concerne le travail parlementaire, le Président de la Chambre des Députés a souligné que le travail des députés a pratiquement doublé en quelques années si l'on observe le nombre d'interpellations, d'heures d'actualité, de débats et de questions parlementaires. En ce qui concerne les séances, elles ont été au nombre de 72 pendant la session 2021-2022 et ont atteint les 300 heures, proche du niveau record de 315 heures de la session parlementaire 2020-2021.

Les pétitions continuent à être un instrument de participation citoyenne populaire, avec des chiffres en nette progression. Ainsi, quelque 388 pétitions publiques ont été introduites et 12 débats publics ont été organisés avec les pétitionnaires dont les pétitions ont atteint le seuil de signatures nécessaires.

### Constitution, éducation à la citoyenneté et digitalisation de la Chambre

Parmi les nombreux dossiers qui ont été traités par la Chambre des Députés, M. le Président a cité les quatre propositions de révision de la Constitution (Justice ; Organisation de l'État, monarchie et Gouvernement ; Droits et libertés ; Chambre des Députés et Conseil d'État) adoptées par un premier vote constitutionnel en séance publique.

La Chambre des Députés s'est par ailleurs dotée d'une Cellule scientifique et d'un Service légistique, afin de donner au Parlement les moyens de mieux atteindre ses objectifs en renforçant les outils sur lesquels les députés peuvent s'appuyer pour remplir leurs missions au service des citoyens.

Elle a également renforcé son partenariat avec le « Zentrum für politisches Bildung » (ZpB), notamment par le biais de l'organisation itinérante « Viele wat mir sinn » qui se rendra dans les écoles du pays, et d'une nouvelle offre d'activités éducatives #Meng-Chamber.

La conférence de presse a également été l'occasion pour le Président de la Chambre des Députés de dévoiler le nouveau site Internet chd.lu, dont l'objectif est de mieux répondre aux besoins de ses différentes catégories d'utilisateurs (citoyens, députés, experts, journalistes, etc.).

Le nouveau site a été conçu afin de s'adapter aux modes d'utilisation actuels (tablettes, téléphones, etc.), a précisé M. Fernand Etgen.

Par la même occasion, il a présenté le nouveau « Chamberblietchen », qui est désormais proposé gratuitement sur abonnement en version papier de même qu'en version électronique via chd.lu ou abocro@chd.lu.

M. le Président a souligné la volonté du Parlement de renforcer sa présence digitale, notamment avec une politique « Open Data » qui vise à mettre les données parlementaires à disposition du grand public par le biais du Portail Open Data.

## Visite officielle de la Maréchale de la Diète de la République de Pologne

# Guerre en Ukraine et réforme judiciaire en Pologne

« La guerre d'agression contre l'Ukraine est absolument illégitime. » C'est avec ces mots que le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, a fermement condamné les attaques russes en Ukraine du 10 octobre 2022. Cette déclaration a été faite à l'occasion d'une entrevue avec la Maréchale de la Diète de la République de Pologne, Mme Elżbieta Witek, en visite officielle à la Chambre des Députés le même jour. « Il n'y a pas de raison valable qui puisse justifier l'agression contre un pays souverain, contre un peuple libre », a déclaré M. Etgen.

Mme Witek a expliqué devant les députés luxembourgeois que le Parlement polonais a exigé que le conflit en Ukraine soit qualifié de génocide. Elle a réclamé une action concertée des pays de l'Union européenne visant à arrêter les attaques russes contre l'Ukraine. La Présidente du Parlement polonais a appelé à la vigilance devant cette « menace mortelle venant de l'est ».

D'autres sujets ont été abordés lors de l'échange de vues, notamment les ressources énergétiques et la sécurité alimentaire des pays d'Afrique.

### La réforme judiciaire en Pologne

Les députés luxembourgeois se sont renseignés sur le différend opposant la Commission européenne et

la Pologne sur la réforme judiciaire polonaise ainsi que l'indépendance des juges. Mme Elżbieta Witek a expliqué que la réforme de la justice était conforme à la Constitution polonaise, même si la Commission européenne la considère comme n'étant pas conforme à l'État de droit. « Nous ne faisons rien qui soit contraire aux dispositions européennes », a affirmé la Maréchale de la Diète de Pologne.

L'indépendance des juges et la problématique de l'ingérence ont dominé les discussions. Certains députés luxembourgeois ont souligné que les personnalités politiques n'ont pas le droit de compromettre cette indépendance.



de gauche à droite : Mme Ewa Szymańska, membre de la Commission des affaires étrangères, M. Dariusz Joński, Président du groupe d'amitié parlementaire Sejm - Chambre des Députés, Mme Elżbieta Witek, Maréchale de la Diète de la République de Pologne, M. Piotr Polak, Vice-Président et membre de la Commission des affaires de l'Union européenne, M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés



## Présentation du projet de budget 2023

# « Un budget de crise »

« Ceci est un budget de crise. » C'est le constat que la Ministre des Finances, Mme Yuriko Backes, a fait lors de la présentation des chiffres-clés du projet de budget 2023 le 12 octobre 2022 devant l'ensemble des députés.

Le projet de budget prévoit un déficit de l'État central à hauteur de 2,8 milliards d'euros selon le système européen des comptes « SEC 2010 » et de 2,6 milliards d'euros selon les normes comptables nationales. Le solde de l'administration publique (sans les communes et la sécurité sociale) s'élève à 1,8 milliards d'euros.

### Un endettement à la hausse

En ce qui concerne la dette publique, la Ministre des Finances a annoncé qu'elle connaîtra une évolution croissante. Si elle est de 24,6 % du PIB en 2022, elle devrait atteindre 26,3 % l'année prochaine et 29,5 % en 2026. Mme Backes a souligné que le plafond de 30 % (une limite symbolique que s'est fixée le Gouvernement) ne sera pas dépassé d'ici la fin de la programmation financière pluriannuelle.

Le Gouvernement poursuit sa politique d'investissements : ceux-ci devraient ainsi atteindre quelque 3,8 milliards d'euros en 2023, soit une hausse de 600 millions d'euros par rapport à 2022). Face aux députés, la Ministre des Finances a souligné qu'il n'y avait pas de marge de manœuvre pour une réforme fiscale.

### Dépôt de deux projets de loi

Lors de la cérémonie traditionnelle, la Ministre des Finances a déposé symboliquement le projet de budget 2023 entre les mains du Président de la

Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, et du Président de la Commission des Finances et du Budget, M. André Bauler, qui l'a ensuite confié au rapporteur, M. Max Hahn. Le député du DP chapeautera cette année les travaux parlementaires sur le budget.

Le projet de budget se compose des projets de loi n° 8080 concernant le budget 2023 et n° 8081 concernant la programmation pluriannuelle pour la période entre 2022 et 2026.



Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, M. Fernand Etgen, Président de la Chambre, M. André Bauler, Président de la Commission des Finances et du Budget, M. Max Hahn, rapporteur du projet de budget (de gauche à droite)

Le budget est la loi qui établit et autorise l'ensemble des recettes et des dépenses prévisionnelles de l'État pendant une année. Il s'agit en quelque sorte d'un « acte d'autorisation » qui est établi selon toutes les règles de la procédure législative en cas d'initiative gouvernementale.

Le rapporteur du projet de loi chapeaute les travaux liés au budget au sein des différentes commissions parlementaires. Dans le cadre de ces travaux,

les membres de la Commission des Finances et du Budget ont une série d'échanges de vues avec des acteurs externes tandis que les autres commissions parlementaires sont amenées à examiner les points budgétaires qui les concernent.

Le débat et le vote sur les projets de loi n° 8080 et n° 8081 auront prévisiblement lieu en séance plénière à la mi-décembre.

## Visite de Handicap International à la Chambre des Députés

# « Engagement humanitaire inlassable et exemplaire »



Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, entouré d'une délégation de Handicap International

C'est à l'occasion de la nouvelle édition de la campagne « Pyramide de chaussures », dédiée à la lutte contre les bombardements en zones peuplées, que le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, a accueilli une délégation de Handicap International.

Lors d'un échange de vues, Mme Olga Savchenko, membre de l'équipe « Programme Urgence Ukraine », a livré son témoignage sur le travail de soutien qu'elle mène avec son équipe dans les zones touchées par la guerre en Ukraine. Outre la réhabilitation physique et le support psychologique, l'éducation aux risques pour apprendre aux enfants et aux adultes à se protéger et à éviter les accidents liés aux armes explosives est un facteur important de prévention. Elle a égale-

ment remercié le Grand-Duché de Luxembourg et l'Union européenne pour leur soutien et leur accueil des nombreux réfugiés ukrainiens.

Le Président de la Chambre des Députés a assuré que le Luxembourg continuera à soutenir le peuple ukrainien dans la lutte contre une guerre absurde et injuste et a félicité Handicap International pour son engagement inlassable et exemplaire au cœur de l'action humanitaire.

Les représentants de Handicap International ont par ailleurs annoncé qu'un accord international pour protéger les civils contre les armes explosives sera signé le 18 novembre prochain à Dublin.



## Hommage à Mme Viviane Reding et assermentation de Mme Elisabeth Margue



*Mme Viviane Reding à l'occasion de l'hommage rendu par la Chambre des Députés*

Au 1<sup>er</sup> octobre 2022, la députée du CSV, Mme Viviane Reding, a démissionné en tant que membre de la Chambre des Députés. L'ancienne Commissaire européenne, qui a été active dans la politique nationale et européenne pendant une quarantaine d'années, avait été réélue à la Chambre des Députés en 2018. Les députés ont rendu hommage à Mme Viviane Reding lors de la séance d'ouverture de la session parlementaire 2022-2023, au cours de laquelle un titre honorifique lui a été octroyé.



*Mme Elisabeth Margue lors de sa prestation de serment en tant que députée*

La députée sortante a été remplacée par Mme Elisabeth Margue. La jeune avocate de 32 ans et coprésidente du parti CSV était sortie huitième lors des élections législatives en 2018 dans la circonscription Centre. Elle siège également au Conseil communal de la Ville de Luxembourg.

L'assermentation a eu lieu au début de la séance d'ouverture de la nouvelle session parlementaire, le 11 octobre 2022.

## Nationale Commemorationsdag



*Zeremonie beim Nationalmonument vun der Lëtzeburger Solidaritéit*

80 Joer nodeem de Gauleiter Gustav Simon den Déngscht vu jonke Lëtzeburger an der Wehrmacht obligatoresch gemaach hat, dat heescht, d'Zwangsrekrutierung ugefaangen hat, gouf den 9. Oktober un déi däischter Zäit geduecht.

De Chamberpresident Fernand Etgen huet moies un den Zeremonie beim Nationalmonument vun der Lëtzeburger Solidaritéit, beim Memorial vun der Shoah, bei der Gëlle Fra, op der Hollerecher Gare a beim Hinzterter Kräiz deelgeholl, wou hien ënner anerem Blummen niddergeluecht huet. Mat dobäi waren den Här François Benoy, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Octavie Modert, d'Madamm Lydie Polfer, den Här Gilles Roth, den Här Marc Spautz an Här Claude Wiseler, Deputéiert, den Här Jean Spautz, Éierepresident, den Här Laurent Scheeck, Generalsekretär vun der Chamber, souwéi den Här Charles Goerens an d'Madamm Isabel Wiseler-Lima, Europadeputéiert.

Nomëttes war den Här Etgen am Lycée du Nord fir d'Gedenkfeier vum historeschen Generalstreik, deem den 31. August 1942 vu Woltz ausgaangen ass. De Chamberpresident huet a senger Ried déi russesch Aggressioun géint d'Ukrain als historeschen, trageschen an onverständlechen Feeler bezeechent an ënnerstrach, wéi wichteg et ass, „eis fir Gerechtegkeet, Fräiheet an Demokratie anzusetzen“.

Als Nokrichsgeneratiounen ass et „eis Pflicht, fir Nee ze soen zu simplisteschen, populisteschen a geféierlechen Aussoen, zu Ligen, Hetz a Fake“, esou nach den Här Etgen.



*Zeremonie am Lycée du Nord vu Woltz*

Un dëser Gedenkfeier hunn och d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Jeff Engelen an d'Madamm Carole Hartmann, Deputéiert, den Här Laurent Scheeck, Generalsekretär vun der Chamber, an den Här Christophe Hansen, Europadeputéierten, deelgeholl.



*Gruppefoto vun de Riedner, de Membere vum Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale, de Membere vum Gemengerot vun der Stad Woltz a vun de Vertrieeder a Schüler vum Lycée du Nord*



Visite d'une délégation du Conseil national de la République d'Autriche

## La neutralité de l'Autriche dans le contexte de la crise ukrainienne



*Les députés membres de la Commission des Affaires étrangères et européennes entourés de leurs homologues autrichiens*

Le principe de la neutralité de l'Autriche ainsi que les défis de la crise en Ukraine étaient au cœur d'un échange de vues le 6 octobre 2022 entre les députés luxembourgeois membres de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile et les députés de la

Sous-commission des Affaires européennes du Conseil national de la République d'Autriche.

Suite à l'invasion de l'Ukraine par la Russie et à l'adhésion de la Suède et de la Finlande à l'OTAN, la neutralité de l'Autriche est de nouveau au cœur des débats. Pour elle, la question de sa neutralité n'est

pas remise en question, car le pays a une histoire différente de celle de la Suède et de la Finlande, a expliqué le chef de la délégation autrichienne, Dr Reinhold Lopatka.

Un autre sujet évoqué lors de l'entrevue était la crise énergétique ainsi que le futur de l'énergie nucléaire. Le Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, M. Yves Cruchten, a souligné que le Luxembourg et l'Autriche partagent la même position dans la question du nucléaire. En outre, il a précisé que le Grand-Duché est en train de se préparer pour se joindre à une action juridique, initiée par l'Autriche, suite à la décision du Parlement européen d'intégrer l'énergie nucléaire et le gaz naturel à la liste des activités économiques durables sur le plan environnemental couvertes par la taxonomie de l'Union européenne.

Finalement, les parlementaires luxembourgeois et autrichiens se sont réjouis des échanges réguliers entre les deux pays. En effet, au début du mois de septembre, une délégation du Conseil fédéral d'Autriche était en visite de travail à la Chambre des Députés.

## Le Président de la Chambre des Députés a reçu...



*... S. E. M. Dieudonné R. Sebashongore, Ambassadeur de la République du Rwanda*



*... S. E. M. Hua Ning, Ambassadeur de la République populaire de Chine*

## L'Administration parlementaire recrute :

- un **Process Manager/Analyste de processus (m/f)** au sein du service gestion des connaissances dans le groupe de traitement A1

poste à pourvoir soit par un changement d'administration (réf. M00022174), soit par le recrutement d'un fonctionnaire stagiaire (réf. F00022172)

- un **Secrétaire-administrateur de commissions parlementaires (m/f)** au sein du service des commissions dans le groupe de traitement A1

poste à pourvoir par le recrutement d'un fonctionnaire stagiaire (réf. F00022226)

En cas d'intérêt, veuillez vous référer aux liens suivants :

Changement d'administration : <https://govjobs.public.lu/fr/postuler/mobilite-interne/changement-administration.html>



Fonctionnaire stagiaire : <https://govjobs.public.lu/fr/postuler/postes-ouverts/postes-vacants.html>





## Fonds culturel national

**7473 - Projet de loi relative au patrimoine culturel et modifiant : 1° la loi modifiée du 4 mars 1982 a) portant création d'un Fonds culturel national ; b) modifiant et complétant les dispositions fiscales tendant à promouvoir le mécénat et la philanthropie ; 2° la loi modifiée du 25 juin 2004 portant réorganisation des instituts culturels de l'État ; 3° la loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles ; 4° la loi du 17 août 2018 relative à l'archivage**

Le présent projet de loi a pour but de fournir un cadre légal au patrimoine culturel dans sa globalité en y prévoyant à la fois des dispositions relatives au patrimoine archéologique, architectural, mobilier et immatériel.

Selon la Convention-cadre du Conseil de l'Europe sur la valeur du patrimoine culturel pour la société, faite à Faro, le 27 octobre 2005 et approuvée par le Luxembourg par la loi du 12 mars 2011 (ci-après la Convention de Faro), le patrimoine culturel rassemble toutes les ressources héritées du passé et ce sous toutes ses formes et tous ses aspects à la fois tangibles et intangibles. Ainsi sont notamment inclus : les monuments, les sites, les paysages, les savoir-faire et les expressions de la créativité humaine, ainsi que les collections conservées et gérées par des organismes publics et privés, les musées, les bibliothèques et les archives. Il en découle que le patrimoine culturel reflète l'histoire et l'identité partagées et les valeurs très diverses qui y sont attachées et constitue en tant que tel un facteur majeur pour la cohésion sociale.

Le patrimoine culturel ainsi défini correspond à l'héritage qui nous a été légué et qu'il nous appartient de prendre en compte dans nos politiques de développement durable en vue de sa transmission en état intact voire augmenté aux générations futures. Dans cette optique, le projet de loi répond à la nécessité de mettre en place un cadre législatif adéquat. Pour ce faire, il poursuit un triple objectif, à savoir :

- regrouper en un seul texte les dispositions relatives au patrimoine culturel qui englobe le patrimoine architectural, le patrimoine archéologique, le patrimoine mobilier et le patrimoine immatériel ;
- mettre en œuvre les dispositions des textes internationaux ratifiés par le Luxembourg ainsi que des textes européens en la matière du patrimoine culturel ;
- moderniser certaines règles relatives à la conservation et à la protection du patrimoine culturel.

Il s'agit d'un effort de modernisation et de codification de la législation existante et ce à la lumière des textes européens et internationaux.

Le projet de loi traite en premier lieu du patrimoine archéologique pour lequel, suite à la ratification par le Luxembourg de la Convention pour la protection du patrimoine archéologique ouverte à la signature à la Valette le 16 janvier 1992 et approuvée par le Luxembourg par la loi du 7 décembre 2016, le principe de l'« archéologie préventive » se voit légalement consacré. Le but de l'archéologie préventive est de protéger les vestiges archéologiques menacés par la multiplication des grands travaux d'aménagement, des risques naturels ou des fouilles clandestines et d'offrir aux aménageurs une plus grande prévisibilité et sécurité dans le cadre de travaux envisagés.

Le régime ainsi mis en place se substitue à la situation actuelle où, en cas de découverte fortuite lors de travaux d'aménagement, un arrêt de chantier doit être mis en place afin d'effectuer les opérations archéologiques nécessaires. Dans cet ordre d'idées, le projet de loi prévoit que les terrains se situant dans une zone d'observation archéologique doivent être soumis pour évaluation et que des opérations d'archéologie préventive (sondages ou fouilles) peuvent alors être prescrites. Néanmoins, une série de garde-fous sont prévus afin que la charge administrative ne soit pas trop importante. Ainsi, en sous-zone à la zone d'observation archéologique, des projets de moindre envergure sont dispensés d'évaluation archéologique. De même, sont prévus l'encadrement des opérations archéologiques dans des délais précis et la suspension pendant les opérations archéologiques des délais contractuels auxquels les aménageurs sont liés.

Tout comme pour le patrimoine architectural et immatériel, l'élaboration et la tenue d'un inventaire du patrimoine archéologique font aussi partie des nouvelles prescriptions légales. En ce qui concerne le volet institutionnel, la loi en projet prévoit l'attribution du statut d'Institut culturel de l'État au Centre national de recherche archéologique, dont le statut et les missions ont par conséquent été revus. Suite aux travaux en commission parlementaire, le CNRA se voit d'ailleurs attribuer la nouvelle dénomination « Institut national de recherches archéologiques ».

En deuxième lieu, le projet de loi traite du patrimoine architectural où certaines nouveautés sont également introduites et ce suite aux ratifications par le Luxembourg de la Convention concernant la protection du patrimoine mondial culturel et naturel, adoptée lors de la conférence générale de l'Organisation des Nations

Unies pour l'Éducation, la Science et la Culture, réunie à Paris du 17 au 21 novembre 1972 et de la Convention pour la sauvegarde du patrimoine architectural en Europe, signée à Grenade le 3 octobre 1985. Ainsi, la définition retenue pour le patrimoine architectural englobe non seulement les réalisations architecturales et les sites, mais aussi les ensembles architecturaux. Une novation apportée par le projet de loi constitue en l'élaboration à l'aide de critères scientifiques d'un inventaire du patrimoine architectural. Le projet de loi vise une simplification procédurale en prévoyant une procédure unique qui est le classement (et ce peu importe que le propriétaire soit l'État ou une personne privée).

Dorénavant, le classement comme patrimoine culturel national du patrimoine architectural et la création de secteurs protégés interviendront par le biais de règlements grand-ducaux commune par commune. Ainsi, la procédure de protection a subi un « changement de paradigme » en ce que les immeubles ne sont plus protégés un par un par un arrêté du ministre (ou du Conseil de Gouvernement) et ce en fonction notamment des demandes de particuliers mais par règlement grand-ducal commune par commune et ce sur base de l'inventaire scientifique effectué. Par l'instauration de ce régime et par la suppression de l'inventaire supplémentaire, le projet de loi entend mettre en place une protection plus cohérente conférant davantage de sécurité et de prévisibilité juridiques à toutes les parties concernées. Une procédure similaire existe d'ailleurs pour les zones protégées d'intérêt national figurant dans la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles. Des secteurs protégés d'intérêt national peuvent également être déterminés, ayant comme objectif de protéger et de mettre en valeur les alentours d'un ou de plusieurs biens immeubles classés comme patrimoine culturel national. En sus de vouloir conférer une plus grande cohérence à la protection, le projet de loi entend aussi mettre en place un régime où tous les ressorts ministériels concernés, les communes et leurs habitants ainsi que les propriétaires des biens immeubles (via la procédure d'« enquête publique ») sont impliqués. Par ailleurs, un régime transitoire moyennant un système de « filet de sécurité » est instauré pendant la période de finalisation de l'inventaire scientifique, le but étant de ne pas perdre les immeubles d'une grande valeur patrimoniale durant la mise en œuvre du nouveau régime de protection.

Ainsi, pendant une période de dix ans après la mise en vigueur de la loi en projet, le propriétaire d'un immeuble retenu au jour de l'entrée en vigueur de la loi comme construction à conserver par un plan d'aménagement général d'une commune, sera tenu d'informer le ministre de tout projet de destruction, totale ou partielle, et de dégradation de l'immeuble, cela au plus tard au moment de l'introduction de la demande de l'autorisation de construire. Le ministre aura ainsi, s'il l'estime nécessaire, la possibilité d'initier une procédure de classement. Le dernier changement quant au patrimoine architectural qu'il convient de noter ici est la transformation du Service des sites et monuments nationaux (ci-après le SSMN) en Institut national du patrimoine architectural (INPA), dont les attributions légales sont modifiées en fonction des nouveautés apportées par la loi en projet.

En troisième lieu, le projet de loi prévoit une simplification de la procédure de classement du patrimoine mobilier, ainsi que l'introduction d'un véritable régime de circulation des biens culturels. De ce fait, il remplace une législation lacunaire et désuète actuelle. L'effort de modernisation a paru nécessaire face à la double réalité d'un marché de l'art mondial en plein essor et d'une menace croissante du trafic illicite de biens culturels provenant de zones de conflit ou de fouilles clandestines. Le nouveau régime tient également compte de plusieurs textes européens et internationaux en la matière. La principale nouveauté consiste en l'introduction d'un certificat de transfert pour certaines catégories de biens culturels. Ce certificat ne peut être refusé qu'aux biens culturels classés comme patrimoine culturel national. Par ailleurs, l'importation d'un bien culturel ayant illicitement quitté son territoire d'origine (sans certificat d'exportation de cet État notamment) est interdite. Un régime de restitution des biens culturels ayant illicitement quitté le territoire d'un État membre de l'Union européenne ou ayant quitté illicitement le territoire d'un État partie à la Convention Unesco ou d'un État partie à la Convention de la Haye est également prévu. Finalement, les garanties d'État et les garanties de restitution se voient attribuer un cadre légal.

Quatrièmement, en ce qui concerne le patrimoine immatériel, le projet de loi entend donner une consécration légale à cette partie importante du patrimoine culturel qui englobe entre autres les traditions (comme la Schueberfouer ou l'Emaischen) et les savoirs faire. Dans ce contexte, l'établissement d'un inventaire ainsi que d'une liste représentative nationale du patrimoine immatériel est prévu.

Alors que la loi de 1983 sur la conservation et la protection des sites et monuments nationaux a pu bien servir, avec notamment le doublement au cours des dix dernières années du nombre des immeubles et objets protégés en tant que patrimoine national, et comme suite à l'échec de la modernisation de ce texte par le projet de loi n° 4715 il y a une dizaine d'années, le présent projet de loi propose ainsi d'apporter plus d'efficacité et plus de cohérence dans l'action des pouvoirs publics. Le rôle de l'État est celui de veiller à la conservation du patrimoine culturel



majeur pour notre pays et qui doit présenter un intérêt public national de sauvegarde. Les communes garderont leurs compétences et responsabilités en la matière, cela dans le repérage et la protection du patrimoine architectural représentant un intérêt local de protection pour lesquels la loi concernant l'aménagement communal a tracé le cadre juridique.

Enfin, la loi en projet permet au Luxembourg de rattraper un retard par rapport aux pays voisins. Aussi, la dernière loi de protection du patrimoine culturel en République fédérale d'Allemagne (Kulturgutschutzgesetz) remonte à 2016 alors qu'en France, les dernières modifications substantielles du Code du Patrimoine datent des années 2016 et 2021. Avec la loi du 17 août 2018 sur l'archivage et le Plan de développement culturel, le présent projet de loi constitue l'une des principales initiatives en matière de politique culturelle au Grand-Duché ces dernières années.

Dépôt par Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture, le 30/08/2019  
Rapporteuse : Mme Djuna Bernard

Travaux de la Commission de la Culture  
(Présidente : Mme Djuna Bernard) :

03/10/2019 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi  
05/10/2020 Examen de l'avis du Conseil d'État  
Présentation et adoption d'une série d'amendements parlementaires  
07/12/2020 Adoption d'une série d'amendements  
13/01/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
Présentation des projets de règlement grand-ducal afférents  
27/01/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 10/02/2022

Loi du 25 février 2022

Mémorial A : 2022, n° 80, page 3

## Organismes de placement collectif

**7774 - Projet de loi portant modification de : 1° la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif ; 2° la loi modifiée du 17 avril 2018 relative aux documents d'informations clés relatifs aux produits d'investissement packagés de détail et fondés sur l'assurance ; 3° la loi du 16 juillet 2019 portant mise en œuvre des règlements EuVECA, EuSEF, MMF, ELTIF et Titrisation STS**

**en vue de la transposition de la directive (UE) 2021/2261 du Parlement européen et du Conseil du 15 décembre 2021 modifiant la directive 2009/65/CE en ce qui concerne l'utilisation de documents d'informations clés par les sociétés de gestion d'organismes de placement collectif en valeurs mobilières (OPCVM), et de la mise en œuvre : 1° du règlement (UE) 2019/1238 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 relatif à un produit paneuropéen d'épargne-retraite individuelle (PEPP) ; 2° du règlement (UE) 2019/2088 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 sur la publication d'informations en matière de durabilité dans le secteur des services financiers ; 3° du règlement (UE) 2020/852 du Parlement européen et du Conseil du 18 juin 2020 sur l'établissement d'un cadre visant à favoriser les investissements durables et modifiant le règlement (UE) 2019/2088 ; 4° du règlement (UE) 2021/557 du Parlement européen et du Conseil du 31 mars 2021 modifiant le règlement (UE) 2017/2402 créant un cadre général pour la titrisation ainsi qu'un cadre spécifique pour les titrisations simples, transparentes et standardisées, afin de favoriser la reprise après la crise liée à la Covid-19 ; 5° du règlement (UE) 2021/2259 du Parlement européen et du Conseil du 15 décembre 2021 modifiant le règlement (UE) 1286/2014 en vue de proroger le régime transitoire appliqué aux sociétés de gestion, aux sociétés d'investissement et aux personnes qui fournissent des conseils au sujet des parts d'organismes de placement collectif en valeurs mobilières (OPCVM) et d'OPCVM non coordonnés ou qui vendent ces parts**

Le projet de loi n° 7428 vise à approuver le protocole contre la fabrication et le trafic illicites d'armes à feu, de leurs pièces, éléments et munitions, additionnel à la Convention contre la criminalité transnationale organisée, adopté par la résolution A/RES/55/25 de l'Assemblée générale des Nations Unies le 31 mai 2001, ci-après désigné comme « le protocole ».

Le projet de loi sous rubrique vise à transposer la directive (UE) 2021/2261 du Parlement européen et du Conseil du 15 décembre 2021 modifiant la directive 2009/65/CE en ce qui concerne l'utilisation de documents d'informations clés par les sociétés de gestion d'organismes de placement collectif en valeurs mobilières (OPCVM).

La loi en projet vise également à mettre en œuvre le règlement (UE) 2019/1238, le règlement (UE) 2019/2088, le règlement (UE) 2020/852, le règlement (UE) 2021/557 et le règlement (UE) 2021/2259.

Le règlement (UE) 2019/1238 vise à harmoniser le marché européen des produits d'épargne-retraite individuelle en introduisant un nouveau produit d'épargne-retraite européen, nommé « produit paneuropéen d'épargne-retraite individuelle » ou « PEPP ». Le PEPP est un produit de retraite complémentaire individuel réglementé, facultatif, avec une portabilité élevée au sein de l'Union européenne.

Le règlement (UE) 2019/1238 définit entre autres les informations à communiquer au client, les exigences en matière de conseil obligatoire, les options d'investissement pour les épargnants (ainsi que les modalités de changement d'option), les conditions en matière de portabilité du produit (en cas de changement de résidence) et les conditions relatives à la phase de versement.

Le règlement (UE) 2019/2088 établit des règles harmonisées s'appliquant aux acteurs des marchés financiers et conseillers financiers, relatives à la transparence en ce qui concerne l'intégration des risques en matière de durabilité et la prise en compte des incidences négatives en matière de durabilité dans leurs processus. En outre, le règlement (UE) 2019/2088 définit les obligations relatives à la fourniture d'informations en matière de durabilité pour ce qui est des produits financiers.

Le règlement (UE) 2020/852 détermine les critères selon lesquels une activité économique est durable sur le plan environnemental aux fins d'établir le degré de durabilité environnementale d'un investissement.

La Commission de surveillance du secteur financier (CSSF) et le Commissariat aux assurances (CAA) sont désignés comme autorités compétentes chargées de veiller à l'application des règlements (UE) 2019/1238, 2019/2088 et 2020/852. La CSSF et le CAA se trouvent également investis des pouvoirs de surveillance et d'enquête nécessaires à l'exercice de leurs nouvelles fonctions ainsi que du pouvoir d'infliger les sanctions et autres mesures administratives.

Le règlement (UE) 2021/557 modifie la législation relative à la titrisation afin de favoriser la reprise économique dans le contexte de la pandémie de Covid-19. Le projet de loi se contente ici d'opérationnaliser une disposition ponctuelle relative aux sanctions administratives.

La directive (UE) 2021/2261 apporte des modifications concernant l'utilisation de documents d'informations clés par les sociétés de gestion d'organismes de placement collectif en valeurs mobilières (OPCVM) et le règlement (UE) 2021/2259 vise à proroger d'un an le régime transitoire appliqué aux sociétés de gestion, aux sociétés d'investissement et aux personnes qui fournissent des conseils au sujet des parts d'organismes de placement collectif en valeurs mobilières (OPCVM) et d'OPCVM non coordonnés ou qui vendent ces parts. Il s'agit d'éviter que les sociétés de gestion, les sociétés d'investissement et les personnes qui fournissent des conseils sur des parts d'OPCVM soient obligés de fournir deux documents d'informations clés pour le même produit. À cette fin, le projet de loi introduit un nouvel article 163-1 dans la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif et étend la disposition transitoire figurant dans la loi modifiée du 17 avril 2018 relative aux documents d'informations clés relatifs aux produits d'investissement packagés de détail et fondés sur l'assurance.

Dépôt par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 03/03/2021  
Rapporteur : M. André Bauler

Travaux de la Commission des Finances et du Budget  
(Président : M. André Bauler) :

31/05/2021 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi  
10/01/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État  
Présentation et adoption d'une série d'amendements  
31/01/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 09/02/2022

Loi du 25 février 2022

Mémorial A : 2022, n° 82, page 1



## Titrisation et « crowdfunding »

**7825 - Projet de loi portant 1° modification de la loi modifiée du 22 mars 2004 relative à la titrisation et portant modification de - la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier - la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier - la loi du 27 juillet 2003 sur le trust et les contrats fiduciaires - la loi modifiée du 4 décembre 1967 relative à l'impôt sur le revenu - la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune - la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ; 2° modification de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ; 3° modification de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ; 4° modification de la loi du 16 juillet 2019 portant mise en œuvre des règlements EuVECA, EuSEF, MMF, ELTIF et Titrisation STS ; 5° mise en œuvre du règlement (UE) 2020/1503 du Parlement européen et du Conseil du 7 octobre 2020 relatif aux prestataires européens de services de financement participatif pour les entrepreneurs, et modifiant le règlement (UE) 2017/1129 et la directive (UE) 2019/1937**

Le projet de loi sous rubrique a pour objet, d'une part, de modifier la loi modifiée du 22 mars 2004 relative à la titrisation. D'autre part, le projet de loi vise à mettre en œuvre le règlement (UE) 2020/1503 du Parlement européen et du Conseil du 7 octobre 2020 relatif aux prestataires européens de services de financement participatif pour les entrepreneurs. La finalité des modifications opérées est de clarifier davantage le cadre légal existant et de l'adapter aux exigences actuelles du marché de la titrisation, tout en mettant en place des garanties supplémentaires pour les investisseurs. La loi en projet donne, entre autres, aux organismes de titrisation davantage de choix en termes de formes juridiques de société qui peuvent être adoptées et élargit la gamme de moyens de financement à la disposition de l'organisme de titrisation. Ensuite, le projet de loi opérationnalise le règlement (UE) 2020/1503 qui porte sur les services de financement participatif, dénommés en anglais « crowdfunding services ». Ce règlement européen établit des exigences uniformes pour le fonctionnement, l'organisation, l'agrément et la surveillance des prestataires de services de financement participatif ainsi que pour l'exploitation des plates-formes de financement participatif. L'objectif du financement participatif est de faciliter l'accès, notamment pour les petites et moyennes entreprises et les start-up, à des formes alternatives de financement et d'élargir les possibilités d'investissement pour les investisseurs dans un cadre plus sûr et harmonisé.

Le projet de loi sous rubrique a pour objet, d'une part, de modifier la loi modifiée du 22 mars 2004 relative à la titrisation. D'autre part, le projet de loi vise à mettre en œuvre le règlement (UE) 2020/1503 du Parlement européen et du Conseil du 7 octobre 2020 relatif aux prestataires européens de services de financement participatif pour les entrepreneurs. La finalité des modifications opérées est de clarifier davantage le cadre légal existant et de l'adapter aux exigences actuelles du marché de la titrisation, tout en mettant en place des garanties supplémentaires pour les investisseurs. La loi en projet donne, entre autres, aux organismes de titrisation davantage de choix en termes de formes juridiques de société qui peuvent être adoptées et élargit la gamme de moyens de financement à la disposition de l'organisme de titrisation. Ensuite, le projet de loi opérationnalise le règlement (UE) 2020/1503 qui porte sur les services de financement participatif, dénommés en anglais « crowdfunding services ». Ce règlement européen établit des exigences uniformes pour le fonctionnement, l'organisation, l'agrément et la surveillance des prestataires de services de financement participatif ainsi que pour l'exploitation des plates-formes de financement participatif. L'objectif du financement participatif est de faciliter l'accès, notamment pour les petites et moyennes entreprises et les start-up, à des formes alternatives de financement et d'élargir les possibilités d'investissement pour les investisseurs dans un cadre plus sûr et harmonisé.

Dépôt par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 21/05/2021

Rapporteur : M. André Bauler

Travaux de la Commission des Finances et du Budget  
(Président : M. André Bauler) :

04/10/2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

24/01/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

31/01/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 09/02/2022

Loi du 25 février 2022

Mémorial A : 2022, n° 84, page 1

## Approbation de l'Accord relatif à Eurocontrol

**7853 - Projet de loi portant approbation de l'Accord, fait à Bruxelles, le 17 décembre 2020, amendant l'Accord relatif à la fourniture et à l'exploitation d'installations et des services de la circulation aérienne par Eurocontrol au Centre de contrôle régional de Maastricht, signé le 25 novembre 1986**

La loi en projet vise à approuver l'Accord, fait à Bruxelles, le 17 décembre 2020, amendant l'Accord relatif à la fourniture et à l'exploitation d'installations et des services de la circulation aérienne par Eurocontrol au Centre de contrôle régional de Maastricht, signé le 25 novembre 1986.

L'Organisation européenne pour la sécurité de la navigation aérienne – dénommée Eurocontrol – a été fondée par la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne « Eurocontrol » du 13 décembre 1960, avec comme ambition d'unifier la gestion du trafic aérien. Fondée à l'origine par six États (Allemagne, Benelux, France et Royaume-Uni), elle réunit désormais 41 États membres, 2 États associés (Israël, Maroc) et 19 États partenaires, et se répartit sur quatre sites (Bruxelles, Luxembourg, Brétigny-sur-Orge et Maastricht) avec Bruxelles comme siège principal. Ses organes sont le Comité permanent, le Conseil provisoire et l'Agence en tant qu'organe exécutif.

En 1986, par un traité multilatéral conclu entre la Belgique, les Pays-Bas, l'Allemagne, le Luxembourg et Eurocontrol, ces quatre États membres ont confié à Eurocontrol la tâche d'assurer la fourniture et l'exploitation des installations et services de route de la navigation aérienne dans leur espace. Tout en disposant que les quatre États susmentionnés conservent leurs compétences et obligations réglementaires en matière d'espace aérien au-dessus de leurs territoires respectifs, l'Accord de Maastricht de 1986 a confié à Eurocontrol la fourniture et l'exploitation des installations et services de trafic aérien en route via le centre de Maastricht pour les vols dans l'espace aérien supérieur. L'Accord prévoyait également que les coûts d'investissement et de fonctionnement du Centre de Maastricht seraient financés par les quatre États, tandis que tous les autres coûts, tels que les coûts de soutien fournis par d'autres services de l'Agence et les autres coûts de soutien, seraient supportés par Eurocontrol, c'est-à-dire par tous les États membres d'Eurocontrol.

En termes de fonctionnement, l'agence d'Eurocontrol définit les mesures opérationnelles et techniques nécessaires à l'exploitation des services de circulation aérienne ainsi que les dotations budgétaires correspondantes et le directeur général d'Eurocontrol assure actuellement la gestion courante de l'exploitation des services de la circulation aérienne, y compris les moyens en personnel et matériel.

La question de la répartition des coûts du Centre de contrôle régional de Maastricht entre tous les États membres d'Eurocontrol et les quatre États membres de l'Accord de Maastricht a conduit en 2020 à une modification de l'Accord de Maastricht par l'accord visé par le présent projet de loi : l'« Accord fait à Bruxelles, le 17 décembre 2020, amendant l'Accord relatif à la fourniture et à l'exploitation d'installations et des services de la circulation aérienne par Eurocontrol au Centre de contrôle régional de Maastricht, signé le 25 novembre 1986 », ci-après « l'Accord modificatif ».

Afin de continuer à garantir la réalisation d'un équilibre durable entre les intérêts des quatre États et ceux des autres États membres d'Eurocontrol, l'Accord modificatif transfère certains coûts relatifs au centre – jusqu'ici inscrits au budget d'Eurocontrol – vers le budget dédié au centre. En contrepartie, le centre se voit conférer une plus grande autonomie. Les pouvoirs de direction de l'agence d'Eurocontrol se trouvent conférés directement au centre de contrôle, respectivement au directeur du centre, qui devient ainsi un directeur général à part entière.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 02/07/2021

Rapporteuse : Mme Chantal Gary

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux Publics  
(Présidente : Mme Chantal Gary) :

06/01/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

03/02/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport



Vote en séance publique : 10/02/2022  
Loi du 11 mars 2022  
Mémorial A : 2022, n° 131, page 1

## Indices de référence

### 7861 - Projet de loi portant modification de la loi du 17 avril 2018 relative aux indices de référence

Le projet de loi sous rubrique a pour objet de mettre en œuvre trois règlements du Parlement européen et du Conseil modifiant le règlement (UE) 2016/1011 concernant les indices utilisés comme indices de référence dans le cadre d'instruments et de contrats financiers ou pour mesurer la performance de fonds d'investissement. Le règlement (UE) 2016/1011 est mis en œuvre en droit luxembourgeois par la loi du 17 avril 2018 relative aux indices de référence.

Au vu de la discontinuation du taux interbancaire offert à Londres (LIBOR) et afin d'établir un cadre pour la cessation ou l'abandon ordonné des indices de référence au sein de l'Union européenne, il y a lieu d'adapter la législation afférente afin de minimiser les insécurités juridiques dans ce contexte. Les modifications apportées par le règlement (UE) 2021/168 au règlement (UE) 2016/1011 permettent donc de maximiser la stabilité financière en faisant en sorte qu'un taux de remplacement légal puisse être mis en place avant la cessation ou l'abandon ordonné d'un indice de référence « d'importance critique ».

L'Autorité européenne des marchés financiers (AEMF) est chargée de la surveillance directe des indices de référence les plus importants et de leurs administrateurs. De plus, l'AEMF devient l'instance en charge de reconnaître les administrateurs d'indices de référence situés dans des pays tiers. Ces dispositions figurent à l'article 5 du règlement (UE) 2019/2175 et entrent en vigueur, de manière rétroactive, le 1<sup>er</sup> janvier 2022. La mise en œuvre du règlement (UE) 2019/2175 nécessite des modifications de la loi du 17 avril 2018 relative aux indices de référence.

La loi en projet vise également à élargir le champ des sanctions à l'article 4 de la loi précitée du 17 avril 2018, tel que prévu par le règlement (UE) 2019/2089.

Dépôt par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 22/07/2021  
Rapporteur : M. André Bauler

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président : M. André Bauler) :

04/10/2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

10/01/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

31/01/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 09/02/2022

Loi du 25 février 2022

Mémorial A : 2022, n° 83, page 1

## Création d'un Observatoire national

### 7893 - Projet de loi portant modification : 1° de la loi du 13 mars 2018 portant création d'un Observatoire national de la qualité scolaire ; 2° de l'article 6 de la loi modifiée du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves ; 3° de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse

En 2008, le Gouvernement avait créé un « Observatoire de la jeunesse » pour répondre au besoin croissant en informations et en données statistiques sur les conditions de vie des jeunes. D'après les dispositions de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse, cet Observatoire avait comme mission « de préparer, de coordonner et d'initier des enquêtes, des avis, des analyses, des études, des rapports sur les différents aspects de la situation des enfants et des jeunes au Luxembourg ».

En 2013, la fusion du département de l'Éducation nationale, chargé de l'éducation formelle, avec celui de l'enfance et de la jeunesse, chargé de l'éducation non formelle, dans le cadre de la création du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, a permis de rassembler les deux ordres d'éducation sous un même toit et de promouvoir une politique centrée sur l'enfant. L'objectif de cette fusion était de fournir une vue plus globale sur les différents systèmes qui

agissent sur le bien-être des enfants et des jeunes et de garantir ainsi la cohérence des efforts politiques dans le domaine de l'enfance et de la jeunesse.

Dans cet ordre d'idées, les missions de l'Observatoire de la jeunesse ont été étendues à un deuxième groupe cible, à savoir les enfants. Depuis l'entrée en vigueur de la loi du 24 avril 2016 portant modification de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse, il porte ainsi le nom « Observatoire de l'enfance et de la jeunesse ».

L'Observatoire national de la qualité scolaire, créé en 2018, porte un regard externe et systémique sur le fonctionnement du système éducatif aux niveaux de la politique éducative, des administrations et services ministériels et de l'organisation et le fonctionnement des établissements scolaires, afin de promouvoir le développement de la qualité scolaire au Luxembourg, et élabore des recommandations à l'adresse du Gouvernement et de la Chambre des Députés.

Avec l'Observatoire de l'enfance et de la jeunesse et l'Observatoire national de la qualité scolaire, il existe aujourd'hui deux observatoires sous le toit du Ministère qui collectent des informations concernant la situation des enfants et des jeunes ainsi que sur les forces et faiblesses de notre système éducatif.

Afin de faciliter la collaboration entre les domaines de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire, le présent projet de loi propose de rassembler les deux Observatoires dans une structure unique, appelée « Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire ».

Le nouvel Observatoire comprendra deux sections :

- la section « enfance et jeunesse », responsable de l'analyse de la situation des enfants et des jeunes au Luxembourg, fondée sur une approche globale, centrée sur l'enfant ou le jeune, et de l'évaluation des systèmes agissant sur eux, relevant prioritairement du domaine socio-éducatif ou d'autres domaines de l'enfance et de la jeunesse ;
- la section « qualité scolaire », responsable de l'évaluation systémique de la qualité de l'enseignement dispensé dans le système éducatif afin de promouvoir le développement de la qualité scolaire au Luxembourg.

L'objectif de cette fusion est de rapprocher le domaine de l'éducation formelle et celui de l'éducation non formelle pour encourager la mise en œuvre d'une politique transversale relative à l'enfance et la jeunesse centrée sur la situation de vie des enfants et des jeunes et basée sur les droits de l'enfant. La création d'une structure unique permet de faciliter l'échange régulier sur les thèmes communs et les transitions entre l'éducation formelle et non formelle et de contribuer ainsi à une meilleure efficacité de travail. Par ailleurs, cette fusion permet de gagner en efficacité par le partage de certaines ressources administratives et communicationnelles.

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 01/10/2021

Rapporteur : M. Claude Lamberty

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche  
(Président : M. Gilles Baum) :

26/01/2022 Présentation du projet de loi

Désignation d'un rapporteur

Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation d'une série d'amendements

02/02/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 09/02/2022

Loi du 16 mars 2022

Mémorial A : 2022, n° 136, page 1

## Aide de relance et aide aux coûts non couverts

### 7935 - Projet de loi portant modification de : 1° la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ; 2° la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance

Le présent projet de loi a pour objet de prolonger, pour une durée de deux mois, la nouvelle aide de relance et l'aide aux coûts non couverts en faveur des entreprises dont l'activité reste impactée par la situation pandémique et les mesures sanitaires.



Le projet prévoit que les entreprises de vente de voitures neuves dont l'activité est impactée à cause de longs délais dans la chaîne d'approvisionnement de pièces automobiles suite à la pandémie Covid-19 sont éligibles pour les mois de janvier et février 2022.

Concernant la nouvelle aide de relance, les montants versés pour les mois de janvier et février 2022 restent inchangés par rapport à décembre 2021, c'est-à-dire ils restent fixés à 1.250 euros par travailleur indépendant et par salarié en activité et à 250 euros par salarié au chômage partiel complet.

Concernant l'aide aux coûts non couverts, 100 % des charges d'exploitation pourront être prises en compte pour le calcul des coûts non couverts pour les mois de décembre 2021, janvier et février 2022. Les montants maximums restent inchangés par rapport à décembre 2021.

Les demandes d'aides pour les mois de juillet à décembre 2021 et pour les mois de janvier et février 2022 devront être effectuées au plus tard le 15 mai 2022 et la date-limite pour l'octroi desdites aides est fixée au 30 juin 2022.

Dépôt par M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes, le 21/12/2021  
Rapporteuse : Mme Simone Beissel

Travaux de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme  
(Présidente : Mme Simone Beissel) :

01/02/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen d'une série d'amendements gouvernementaux et de l'avis du Conseil d'État

08/02/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 10/02/2022

Loi du 11 février 2022

Mémorial A : 2022, n° 54, page 1

## 31<sup>e</sup> séance

mardi 25 janvier 2022

Édition spéciale sur la proposition de révision de la Constitution n° 7700 concernant l'organisation de l'État, la monarchie, le Gouvernement, les communautés religieuses et les communes



## 32<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

### Sommaire

- 1. Ouverture de la séance publique** ..... p. 12  
M. Fernand Etgen, Président
- 2. Communications** ..... p. 12  
M. Fernand Etgen, Président
- 3. Ordre du jour** ..... p. 13  
M. Fernand Etgen, Président
- 4. Changements de composition de commissions parlementaires** .... p. 13  
M. Fernand Etgen, Président
- 5. Dépôt d'une résolution par M. Marc Goergen** ..... p. 13  
Exposé : M. Marc Goergen
- 6. Heure de questions au Gouvernement** ..... p. 13
  - Question n° 282 du 8 février 2022 de Mme Viviane Reding relative aux intérêts du Luxembourg au sein du Conseil européen, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État** ..... p. 13  
Mme Viviane Reding | M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | Mme Viviane Reding (interventions de M. Gilles Roth) | M. le Premier Ministre Xavier Bettel
  - Question n° 283 du 7 février 2022 de M. Max Hahn relative au bilan des objectifs climatiques sectoriels pour l'année 2021, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable** ..... p. 14  
M. Max Hahn | Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
  - Question n° 284 du 8 février 2022 de M. Marc Goergen relative à la participation luxembourgeoise à l'opération de maintien de la paix MINUSMA au Mali, adressée à M. le Ministre de la Défense** ..... p. 15  
M. Marc Goergen | M. François Bausch, Ministre de la Défense
  - Question n° 285 du 7 février 2022 de Mme Tess Burton relative à l'introduction d'une taxe de séjour dans la région du Müllerthal, adressée à M. le Ministre du Tourisme** ..... p. 15  
Mme Tess Burton | M. Lex Delles, Ministre du Tourisme
  - Question n° 286 du 8 février 2022 de M. Marc Spautz relative au « certificat Covid numérique de l'UE » et à la reconnaissance au niveau international, adressée à Mme la Ministre de la Santé** ..... p. 16  
M. Marc Spautz (dépôt d'un document) | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

**Question n° 287 du 8 février 2022 de Mme Josée Lorsché relative aux mesures de compensation prévues dans le cadre du projet de l'extension de l'autoroute A3 à 2x3 voies, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** ..... p. 17  
Mme Josée Lorsché | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 288 du 8 février 2022 de M. Laurent Mosar relative à la réforme de la loi communale, adressée à Mme la Ministre de l'Intérieur** ..... p. 17  
M. Laurent Mosar | Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur

**Question n° 289 du 8 février 2022 de M. Claude Lamberty relative à la carrière civile pour les sportifs de haut niveau, adressée à M. le Ministre des Sports** ..... p. 18  
M. Claude Lamberty | M. Georges Engel, Ministre des Sports

**Question n° 290 du 8 février 2022 de Mme Diane Adehm relative aux affiches de campagne de M. Zemmour, candidat à la présidentielle 2022, collées sur les panneaux d'affichage de l'École européenne, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** ..... p. 19  
Mme Diane Adehm (intervention de M. Fernand Kartheiser) | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Question n° 291 du 8 février 2022 de M. Carlo Weber relative à la mise en œuvre du contournement de proximité à Ettelbruck, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** ..... p. 19  
M. Carlo Weber | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 292 du 8 février 2022 de M. André Bauler relative à d'éventuels retards en matière d'interventions chirurgicales et de traitements dus aux conséquences de la pandémie, adressée à Mme la Ministre de la Santé** ..... p. 20  
M. André Bauler | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

**7. Ordre du jour (suite)** ..... p. 20  
M. Fernand Etgen, Président

**8. Question écrite n° 5454 de Mme. Martine Hansen relative au taux de vaccination des professionnels de la santé** ..... p. 20  
Mme Martine Hansen | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Mme Martine Hansen | Mme la Ministre Paulette Lenert



**9. Heure d'actualité du groupe politique DP sur le rôle de l'OTAN dans la crise actuelle avec la Russie ..... p. 21**

Exposé : M. Gusti Graas

Débat : M. Jean-Marie Halsdorf | Mme Lydia Mutsch | Mme Djuna Bernard | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

**10. Ordre du jour (suite) ..... p. 25**

M. Fernand Etgen, Président

**11. Question élargie n° 127 de M. Claude Wiseler sur le conflit Ukraine-Russie ..... p. 25**

M. Claude Wiseler

**12. Heure d'actualité du groupe politique DP sur le rôle de l'OTAN dans la crise actuelle avec la Russie (suite)**

**Question élargie n° 127 de M. Claude Wiseler sur le conflit Ukraine-Russie ..... p. 26**

Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

**13. Interpellation de M. Marc Hansen sur la médecine environnementale ..... p. 28**

Exposé : M. Marc Hansen

Débat : M. Jean-Marie Halsdorf | Mme Carole Hartmann | Mme Cécile Hemmen | M. Jeff Engelen | Mme Nathalie Oberweis (intervention de M. Fernand Kartheiser) | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

**14. Résolution de M. Marc Goergen relative à l'installation de distributeurs de produits hygiéniques dans les toilettes de tous les bâtiments de la Chambre des Députés ..... p. 40**

M. Gilles Baum | M. Marc Goergen

Vote sur le renvoi de la résolution au Bureau

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert, M. François Bausch, Vice-Premiers Ministres ; M. Jean Asselborn, M. Claude Meisch, Mme Carole Dieschbourg, Mme Taina Bofferdin, M. Lex Delles, M. Claude Haagen et M. Georges Engel, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Nee, Här President, dat ass net de Fall.

## 2. Communications

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Sou wéi dat am Chambersreglement virgesinn ass, wollt ech follgend Kommunikatioun un d'Chamber maachen: Den 1. Februar 2022 huet de President vum Staatsrot matgedeelt, datt de Poste vum Staatsconseiller vum Här Charles Lampers vakant ginn ass. Esou wéi et festgehalen ass am Gesetz vum 16. Juni 2017 iwwert d'Organisatioun vum Staatsrot an an den Artikelen 116 bis 127 vum Chambersreglement, ass d'Chamber dozou opgeruff, e Kandidat fir de Poste vum Staatsconseiller ze bezeichnen. Interessente kënnen hir Kandidatur per Bréif un de Chamberspresident riichten, an dat bis spéitstens den 1. März 2022. Den Datum vum Poststempel ass maassgebend.

Mat der Kandidatur ass e Liewenslaf mat deenen néidege Pabeieren anzerechen, déi beleen, datt d'Konditiounen aus dem Gesetz erfüllt sinn. Dat heescht, éischters d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze hunn, zweetens am Besëtz vun den zivilen an de politesche Rechter ze sinn, drëtzens am Grand-Duché ze residéieren, véiertens den Alter vun 30 Joer erreicht ze hunn.

Esou wéi den Artikel 6 vum Gesetz vum 16. Juni 2017 iwwert d'Organisatioun vum Staatsrot et virgesäit, huet eis de Staatsrot follgend zwee Profiller matgedeelt, déi d'Chamber an hirem Choix leede sollen: éischters e Jurist mat enger Spezialisatioun am Droit communal, der Gemengenorganisatioun an an der

Fonction publique vun de Gemengen, zweetens e Jurist mat enger Spezialisatioun am Droit administratif an am Fonctionnement vun den Institutionen.

Et ass ze bemerken, datt den Artikel 7 vum Gesetz vum 16. Juni 2017 iwwert d'Organisatioun vum Staatsrot an den Artikel 122 vum Chambersreglement virgesinn, datt beim Choix vum Kandidat an der öffentlecher Sitzung d'Chamber soll drop oppassen, datt d'Zusammensetzung vum Staatsrot déi vun de Parteien an der Chamber soll widderspigel, ënnert der Konditioun, datt déi jeeuweileg Partei bei deenen zwou leschte Legislativwahlen op d'mannst dräi Sëtzer kritt hunn.

Ech erënnere Iech drun, datt all Deputéierten d'Recht huet, innerhalb vun der festgesater Frist een oder e puer Kandidaten ze proposéieren. An deem Fall ass eng Pièce bälzeleën, déi d'Averständnis vum Kandidat beweist. Dës Kommunikatioun gëtt och als Avis officiel an der Press verëffentlecht.

### Communications du Président - séance publique du 8 février 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

7957 - *Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Principauté de Monaco concernant l'hébergement de données et de systèmes d'information, fait à Luxembourg, le 15 juillet 2021*

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 25/01/2022

7958 - *Projet de loi relative à l'accès et à la formation des professions d'avocat à la Cour, de notaire et d'huissier de justice et modifiant :*

1) la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice et

2) la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 27/01/2022

7959 - *Projet de loi portant organisation de l'assistance judiciaire et portant abrogation de l'article 37-1 de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat*

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 27/01/2022

7960 - *Projet de loi portant règlement des conflits d'attribution et portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1997 portant organisation de la Cour Constitutionnelle*

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 27/01/2022

7961 - *Projet de loi modifiant :*  
1° la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ;  
2° la loi modifiée du 13 janvier 2019 instituant un Registre des bénéficiaires effectifs

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 27/01/2022

7963 - *Projet de loi relatif aux commandes publiques d'œuvres artistiques et portant modification de la loi modifiée du 8 avril 2018 sur les marchés publics*

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture, le 02/02/2022

7964 - *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19*

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 07/02/2022

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2211 - *Demande de pétition publique : Gegen die Spaltung der Gesellschaft vonseiten der Regierung durch die Einführung einer partiellen Impfpflicht*

Dépôt : Alfred Groff, le 24/01/2022

2212 - *Demande de pétition publique : Gas- a Stroum-präiserhéijung, TVA erfsetzen oder aner Mesuren a Plaz setzen*

Dépôt : Daniel Wiseler, le 25/01/2022

2213 - *Demande de pétition publique : Levée de la restriction horaire de 23 heures pour l'Horesca et les fêtes*

Dépôt : Gabriel Fersino, le 26/01/2022

2214 - *Demande de pétition publique : Le lycée commence à 9 heures au lieu de 8 heures*

Dépôt : Lejla Selimović, le 26/01/2022



2215 - Demande de pétition publique : Pour un traitement équitable du statut des assistants parentaux

Dépôt : Victoriya Pop, le 26/01/2022

2216 - Demande de pétition publique : Pétition, damit die GSO-Klassen in Zukunft in den Fächern COMON (Geschichte und Geografie) und EDCIT auf Deutsch antworten können, sowohl in Prüfungen wie auch im Unterricht

Dépôt : Ludovic Geraud, le 27/01/2022

2217 - Demande de pétition publique : Gratuité du parking au Luxembourg pour les soins à domicile luxembourgeois

Dépôt : Anastassia Boutorova, le 28/01/2022

2218 - Demande de pétition publique : Obligation pour tous les piétons qui se baladent le soir d'être visibles avec un gilet réfléchissant

Dépôt : Dominique Van Reusel, le 29/01/2022

2219 - Demande de pétition publique : Rectification de l'âge de la retraite

Dépôt : João Monteiro Dias, le 29/01/2022

2220 - Demande de pétition publique : Begleitpersonen sollen beim Arzt- oder Krankenhausbesuch erlaubt werden

Dépôt : Manuel Villwock, le 31/01/2022

2221 - Demande de pétition publique : Récktrëtt vum Premier Xavier Bettel

Dépôt : Jean Gustave Kill, le 01/02/2022

2222 - Demande de pétition publique : Non aux vaccins obligatoires

Dépôt : Fabien Bolzan, le 02/02/2022

2223 - Demande de pétition publique : Droit d'accès au marché de travail direct pour le conjoint qui vient d'effectuer son arrivée au territoire du Grand-Duché de manière régulière

Dépôt : Hmad Kemmouch, le 02/02/2022

2224 - Demande de pétition publique : Sexualité dans l'âge - une nouvelle perspective, un nouveau regard / Sexualität im Alter - eine neue Perspektive, eine neue Sichtweise / Sexuality in the age - a new perspective, a new point of view

Dépôt : Joël Gangolf, le 02/02/2022

2225 - Demande de pétition publique : Permettre un test de la langue française ou allemande comme critère d'obtention de la nationalité luxembourgeoise

Dépôt : Ana Arizanovic, le 04/02/2022

2226 - Demande de pétition publique : Fräi wielbaren Demonstrationskorridor

Dépôt : Andy Weber, le 06/02/2022

4) Par courrier du 1<sup>er</sup> février 2022, M. le Président du Conseil d'État a informé M. le Président de la Chambre des Députés que le mandat de M. Charles Lampers, conseiller d'État, est devenu vacant.

La loi du 16 juin 2017 sur l'organisation du Conseil d'État et les dispositions des articles 116 à 127 du Règlement de la Chambre des Députés prévoient que la Chambre des Députés est appelée à désigner un candidat pour le poste de conseiller d'État devenu vacant.

Les personnes intéressées peuvent adresser une candidature par simple lettre au Président de la Chambre des Députés, 23, rue du Marché-aux-Herbes, L-1728 Luxembourg, jusqu'au 1<sup>er</sup> mars 2022, le cachet de la poste faisant foi.

Les candidatures doivent être accompagnées de notices biographiques et de toutes pièces utiles indiquant que les qualifications et les conditions prévues par la législation applicable sont remplies, à savoir :

1) Être de nationalité luxembourgeoise (copie de la carte d'identité) ;

2) Jouir des droits civils et politiques (extrait du casier judiciaire et certificat d'inscription aux listes électorales) ;

3) Résider au Grand-Duché de Luxembourg (certificat de résidence) ; et

4) Être âgé de trente ans accomplis (extrait de l'acte de naissance).

Conformément à l'article 6 de la loi du 16 juin 2017 sur l'organisation du Conseil d'État, le Conseil d'État a proposé deux profils de candidats, destinés à guider la Chambre des Députés dans son choix. Ces profils se présentent comme suit :

1) un juriste spécialisé en droit communal, organisation communale et fonction publique communale ;

2) un juriste spécialisé en droit administratif et fonctionnement des institutions.

Il y a lieu de noter que l'article 7 de la loi du 16 juin 2017 sur l'organisation du Conseil d'État et l'article 122 du Règlement de la Chambre des Députés prévoient que lors de la désignation du candidat en séance publique, la Chambre des Députés devra veiller à ce que la composition du Conseil d'État tienne compte des partis politiques représentés à la Chambre des Députés à condition d'avoir obtenu au moins trois sièges au cours de chacune des deux dernières élections législatives.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Op Ufro vun der Regierung gëtt proposéiert, d'Aktualitéitsstonn iwwert de Besëtz an d'Retentioun vu Bauterrain, déi d'Sensibilitéit vun déi Lékn ugefrot huet an déi um Ordre du jour vu muer, dem 9. Februar, virgesi war, vum Ordre du jour erfroze huelen. Ass d'Chamber mat deem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 4. Changements de composition de commissions parlementaires

Wat d'Zusammensetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt, hunn ech folgend Ofännerunge matgedeelt:

An der Commission des Pétitions ersetzt den Här Jean-Paul Schaaf den Här Emile Eicher.

A schliisslech: An der Commission de la Culture ersetzt den Här Emile Eicher den Här Jean-Paul Schaaf.

Gëtt et iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

(Négation)

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass. Ass d'Chamber mat dësen Ännerungen averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 5. Dépôt d'une résolution par M. Marc Goergen

Da géif ech d'Wuert un den Här Marc Goergen gi fir den Depot vun enger Resolution.

**Exposé**

**M. Marc Goergen** (Piraten), auteur | Merci, Här President. Bekanntlech war virun e puer Méint eng

Petitioun hei an der Chamber, an där et ëm d'Mens-truatioun gaangen ass, déi den Tabu gebrach huet, wou ganz positiv war, dass mer hei am Haus driwwer geschwat hunn. A lescht Woch war elo eng Kommissioun, an där mer mat den eenzele Ministèren driwwer geschwat hunn, wat fir Méiglechkeeten et gëtt, fir do virun allem d'Fraen ze ënnerstëtzen. An dofir hu mer haut eng Resolution matbruecht, fir dass d'Chamber soll allegueren hir Toilette virbildlech mat deenen Hygiènesartikelen ausstatten a soumat e Virbild si fir allegueren d'Firmen hei am Land.

### Résolution

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

- dass d'Mini-Entreprise „Struggirls“ aus dem Wolzerlycée déi flott Initiativ gestart huet, fir Apparater mat gratisse Binden an Tamponen an Toiletten ze installéieren, wou dann all Persoun sech dat kann huelen, wat se brauch;

- dass d'Gemeinde Walfer a Stad schonn Apparater mat Hygiènesproduiten op öffentlechen Toiletten installéiert hunn;

- dass den Educationsmistère Interessi gewisen huet, fir a 37 Lycéeën esou Apparater ze installéieren;

- dass d'Chamber hei sollt eng Virbildfunktoun fir aner Patronen am Land anhuelen.

Aus dëse Grënn decidéiert d'Chamber vun den Deputéierten:

- an all de Gebaier vun der Chamber Apparater mat Hygiènesproduiten an den Toiletten ze installéieren.

(s.) Marc Goergen, Sven Clement.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

### 6. Heure de questions au Gouvernement

Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung.

Als Éischt hu mer d'Fro Nummer 282 vun der Madamm Viviane Reding un den Här Premier- a Staatsminister iwwert d'Interesse vu Lëtzebuerg am Conseil européen. Madamm Viviane Reding, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 282 du 8 février 2022 de Mme Viviane Reding relative aux intérêts du Luxembourg au sein du Conseil européen, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État**

**Mme Viviane Reding** (CSV) | Merci, Här President. Lëtzebuerg ass bekanntlech eng wichteg Europa-haaptstad a mat der Cour de justice, der Cour des comptes, der BEI an anere si mer dat och de facto an et hu Generatiounen vu Premierministere an Politiker derfir gesuergt, datt dat esou ass an datt dat esou bleift.

Do, wou et schwierig ass, ass bei der Relatioun zwëschen Lëtzebuerg an der Europäescher Kommissioun, well do ginn nämlech d'Konditiounen, déi festgeluecht sinn am Accord du siège, net bäibehale vusäite vun der Kommissioun. Et happert also ganz zolidd an et ass eng Gefor, datt d'Zukunft vun der Europahaaptstad a Saache Kommissiounssëtz a Gefor geréit.

Vertikal gesi sinn et d'Kommissiounspolitiker, d'Kommissiounsagenten an Administrateuren hei zu Lëtzebuerg, déi dofir gesuergt hunn, datt déi Institutiounen, déi zu Lëtzebuerg waren, zolidd waren – och fir d'Zukunft – an eng zolidd Politik fir Europa gemaach hunn.

Elo ass et esou, datt am Gesondheessektor déi nei Institutioun HERA zu Bréissel ass an d'Institutioun do no Direction C (veuillez lire: Décision C) zu Lëtzebuerg



ausgehielegt gëtt. Elo ass et esou, datt am Digitalberäich de Management zu Bréissel sëtzt. Amplaz datt sollen dräi Direkteren zu Lëtzebuerg sëtzen, sëtzen der null hei.

Meng Fro: Wat mécht de Premierminister, fir derfir ze suerge bei der Kommissiounsspëtzt, mat deem se jo reegelerrecht zesummesëtzen, datt dat geännert gëtt, datt dat net esou bleift? Mat wat fir engem Resultat?

Mir gesi just, datt et Joer fir Joer bierga geet. A firwat ass dat esou och am grouse Sënn? Ma dat ass en horizontale Problem, well nämlech déi héichqualifizéiert Beamten, déi zu Bréissel sëtzen, iwwerhaupt net méi wëllen op Lëtzebuerg kommen, well de Pouvoir d'achat hei zu Lëtzebuerg vill méi niddreg ass wéi zu Bréissel, an zwar am zweestellege Beräich.

Déi talentéiert Leit, déi mer also géifen hei brauchen, fir de Siège virunzeféieren, kommen net méi heinher. An dofir gesi mer dat och zum Beispill beim Procureur européen, deen net méi déi néideg Leit fënnt, fir heinherzekommen.

Et ginn awer aner Institutiounen hei zu Lëtzebuerg, déi reagéiert hunn: d'NATO, d'EFTA. D'Kommissioun selwer awer wëllt de Coefficient correcteur net änneren. Här Staatsminister, Dir sidd gefuerdert!

*(Exclamations)*

Wat maacht Der zu Bréissel mat der Presidentin vun der Kommissioun, fir datt dat dote geännert gëtt a fir datt mer och an deenen nächste Generatiounen nach eng staark Kommissioun hei zu Lëtzebuerg hunn an datt se net wéi elo komplett ausgehielegt gëtt?

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Reding. Den Här Premier- a Staatsminister huet d'Wuert.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, ech war e bëssen iwwerrascht, wéi ech d'Fro gestallt kritt hunn, well do steet drop „concernant les intérêts du Luxembourg au sein du Conseil européen“. Tatsächlech: Wann d'Madamm Reding méi prezis, a mir hunn och probéiert, iwwer Iech jo méi Informatiounen ze kréien, ... gewosst hätt, dass et d'Question de siège wier, da misst ... Ech weess net, ob dat net gewosst ass, mee den Här Asselborn ass responsabel fir d'Question de siège an déi Froen.

**Une voix** | O!

**Une autre voix** | Eh bien, jo.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Jo, dat ass esou. Dat steet an der Regierungserklärung dran. Dat heescht – dat kënnt Der och nokucke bei der Kompetenzen –, dass den Här Asselborn zoustänneg ass fir de Siège.

Ech kann Iech just soen, dass den Här Asselborn an ech selwer ... Et gëtt jo och en Accord „Georgieva-Asselborn“ – dee jo och bekannt misst si bei der Madamm Reding, déi jo laang genuch an der Kommissioun war –, deen eeben och eng Rëtsch vu Plazen hei zu Lëtzebuerg festleet. Et ass tatsächlech ëmmer eng Diskussioun gewiescht iwwert den Differentiel. Dat weess och d'Madamm Reding als viregt, jo, éischt Vizepresidentin vun der Kommissioun, woubäi jo awer d'Kommissioun net bereet war, och verschidde Saachen ze klären, woubäi och Demandë si vun europäesche Gewerkschaften.

Ech wier just frou, Här President, wann Der gären hätt, dass d'Regierung och ka seriö op Froen äntweren, wa mer och wéissten, ëm wat et geet, amplaz einfach drageschriwwen ze kréien „intérêts du Luxembourg au sein du Conseil européen“. Wéi gesot, ech sinn hei net kompetent, fir déi Froen ze de

Plaze vun der Kommissioun kënnen ze beäntweren. Ech fannen et schued.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Premierminister. An ech kann och nëmmen ënnersträichen, datt et och fir d'Presidence immens wichteg ass, wat den Objet vun der Fro ass. Da kënnen mer op d'mannst am Fong geholl ëmmer erëm kontrolléieren, ob den Destinataire u sech och deen ass, un deen d'Fro geriicht ass, fir och weinstens dat kënnen ze iwwerpräiwen.

**Mme Viviane Reding** (CSV) | Här President.

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir kommen elo zur Fro Nummer 283 vum Här Max Hahn.

**Plusieurs voix** | Här President.

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir sinn an engem Zenario dran, an deem et keng Parole après ministre gëtt.

**M. Gilles Roth** (CSV) | D'Madamm Reding ass ugeschwat ginn.

**Mme Viviane Reding** (CSV) | Här President, nee, ech wende mech un Iech.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Eng Motion d'ordre.

**Mme Viviane Reding** (CSV) | Well Dir hutt wierklech hei gesot, datt mir missten der Regierung erklären, wat mir dann eigentlech wëllen.

Ech hunn hei de Premierminister gefrot, wat deen diskutéiert mat der Presidentin vun der Kommissioun, fir datt d'Kommissioun soll anescht agéieren. Dat ass eng Responsabilitéit gewiescht vun alle Premierministere virdrun. An anscheinend gesäit de Premierminister vun haut déi Responsabilitéit net méi!

*(Brouhaha)*

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Just, Här President, fir ze prezisiéieren ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Premierminister.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Op der Fro vun der Madamm Reding steet: „les intérêts du Luxembourg au sein du Conseil européen“. Ech hat gemengt, si hätt vun der Kommissioun geschwat. Ech misst och vläicht eng Kéier erklären, dass de Conseil net d'Kommissioun ass.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir kommen elo zur Fro Nummer 283 vum Här Max Hahn un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung iwwert de Bilan vun de sektorielle Klimaziler vun 2021. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 283 du 7 février 2022 de M. Max Hahn relative au bilan des objectifs climatiques sectoriels pour l'année 2021, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. D'Klimagesetz vum Dezember 2020 definéiert d'Klimaziler bis 2030. E Règlement grand-ducal vum Juli 2021 hält dann nach déi spezifesch Ziler fir déi fënnef verschidde Secteure fest. 2021 war deemno déi éischt Period, an där ee konnt kucken, ob d'Ziler erfëllt goufen oder net, quitte dass dat natierlech nach ka vun deem enge Secteur op deen aneren dann iwwerdroe respektiv kompenséiert ginn.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch folgend Froe stellen: Ass se schonn à même, fir en éischte Bilan vun 2021 an deem heite Beräich ze zéien? Wann net, wéini schätzt se, dass dat de Fall kéint sinn? Wa jo, wéi gesäit et aus an deenen eenzele

Secteuren? Ass och scho vläicht ugeduecht, déi eng oder aner Kompensatiounen an deem heite Beräich ze maachen? Wa jo, wéi eng wieren dat?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Hahn. D'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Carole Dieschbourg, huet d'Wuert.

**Mme Carole Dieschbourg**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Här President, merci dem Deputéierte Max Hahn fir déi dote Froen. In der Tat, dat ass eng wichteg Fro, wéi mer eebe bei de Klimaziler zu Lëtzebuerg weiderkommen. An da verweisen ech eeben op dee selwechte Projet vum Règlement, dee jo ënnerwee ass, an deem d'Secteursziler drastinn. Do ass kloer festgehalen, datt den éischte provisoiresche Bilan ëmmer den 31. Juli vun deem Joer drop gemaach gëtt. Dat heescht, aktuell ass et nach ze fréi, fir dat dote kënnen am Februar elo ze soen, well och nach net all d'Donnéen, och net vum Statec an esou, virleien. Et geet jo hei drëm, dass mer prezis sinn, well all Secteur seng Ziler kritt huet.

En definitive Bilan, an deem dann alles arrêtiert ass, gëtt dann ëmmer dat Joer drop gemaach, de 15. Mäerz, soudass ech elo, wann ech Iech e puer Explikatiounen ka ginn, géif op d'Joer 2020 verweisen, an deem mer jo e Reduktionsziler erreecht hu vun 22 %. Gerechent ab 2005 hu mer misse 20 % errechen. Dat heescht, mir hunn eist Klimazil fir 2020 erreecht.

A wann ech dann nach weider kucken, well Der awer no de Secteure gefrot hutt, da gesi mer, dass déi gréisste Resultater am Beräich vum Transport am Joer 2020 gemaach gi waren. Do hate mer 33 % Reduktioun. Pour mémoire: Bei de sektorielle Klimaziler musse mer 57 % an deem Beräich – dat ass dee Beräich, an deem mer am meeschten Effort musse maachen – errechen.

Am Beräich vun Industrie-, Bau- an ekonomeschen Acteure si mer éischter an engem Plus vun 10 %. Do musse mer eis also nach méi ustrengen, geneesou wéi och an der Landwirtschaft. Dat ass dee Secteur, an deem mer insgesamt just 20 % Reduktioun hunn. Och do verzeche mer éischter e Plus, soudass mer wäerten an deenen eenzele Secteure kucken, Zousazmesuren ze ergräifen. Dat eent ass jo, dass ee kann e Bësse verschiben, well mer eis allgemengt Zil, wéi ech gesot hunn, 2020 erreecht hunn.

Mee et gëllt awer och, dass an all Secteur nach eng Kéier en Effort gemaach gëtt, fir pro Secteur Ziler ze errechen, soudass mer sécherlech wäerte mat deenen eenzelen Acteuren, déi mer jo och am Klimagesetz drastoen hunn, mam Comité interministériel, mat der Plattform, déi d'Realisatioun begleet, an och mat dem wëssenschaftleche Bairo, driwwer schwätzen, wat an deenen eenzele Beräicher elo vu Resultater kënnt, fir d'éischt emol fir d'Joer 2020, an deem mer d'Gesamtzil erreecht hunn, awer wou mer an deenen eenzele Beräicher, wéi zum Beispill am Beräich vun der Landwirtschaft, awer och am Beräich vun Economie, Bau kucken, wéi mer do nach kënnen en Hoff noleeën.

Dat selwecht gëllt d'ailleurs och fir de Beräich vun de Kläranlagenoffall. Do hu mer eng ganz Rei vu Gesetzer, déi ënnerwee sinn, déi dann hoffentlech eeben och an deenen nächste Folgejoren hir Resultater wäerte bréngen.

An domadder soen ech Iech Merci fir d'Fro an da géif ech soen, fir de Bilan, deen éischte provisoireschen, gesi mer eis dann Enn Juli. Do kënnen mer Iech eng Guidance ginn, wéi d'Joer 2021 ausgesäit.

Merci.



**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Dieschbourg.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 284 vum Här Marc Goergen un de Verdeedegungsminister iwwert d'Lëtzebuurger Bedeelegung un der Friddensmissioun MINUSMA am Mali. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 284 du 8 février 2022 de M. Marc Goergen relative à la participation luxembourgeoise à l'opération de maintien de la paix MINUSMA au Mali, adressée à M. le Ministre de la Défense**

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Ech stellen haut dem Här Bausch eng Fro ronderëm eis Missioun am Mali, well et do rezent jo ganz nei Entwécklung gëtt. Sécherlecht hutt Der dat och selwer matkritt, dass am däitsche Bundestag d'Mee- nung am Moment éischer ass: „eher gehen als bleiben“. Esou huet hir Wehrbeauftragte gesot am Bundestag: „Ich mache mir tatsächlich jeden Tag mehr Sorgen um die Soldatinnen und Soldaten, die im Einsatz in Mali sind.“ Dat kënnt doduerjer, dass do ënnen nach ëmmer Wale verhënnert gi sinn.

Dat heescht, déi Regierung, déi elo do ënnen um Pouvoir ass, verhënnert, dass demokratesch Wale solle stattfannen. Doropshin ass de franséischen Ambassadeur aus dem Land verwise ginn. Eis Truppen, d'UN-Truppen, hunn e Fluchverbuet kritt. A wéi jo och sécherlech jidderengem och hei bekannt ass, sinn do ënnen och russesch Söldner an Zwëschenzäit deelweis am Opdrag vum der Regierung vum Mali am Asaz. An deementsprechend si Frankräich an Däitschland am Moment ganz kritesch agestellt, wat dat Mandat ubelaangt.

An do wollt ech eis Regierung da froen, wat elo mat deenen neisten Entwécklungen ... - well et ass jo net näischt, wann en Ambassadeur vum engem Partner- staat, souguer dem Leader, aus dem Land verwise gëtt a wann do Fluchverbuetzone fir d'UN opgestallt ginn a keng demokratesch Walen zustane kommen -, wéi dann eis Regierung zum Mali-Asaz steet, wou jo awer och Zaldoten aus Lëtzebuerg am Asaz sinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Den Här Verdeedegungsminister François Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch**, Ministre de la Défense | Merci, Här President. An och merci dem Här Goergen fir d'Fro, déi mer d'Geleeënheet gëtt, fir e bësse kloerzestellen, ëm wat fir eng Missionen dat et sech do handelt, an och wat emol fir d'éischt den Ennerscheed ass zwëschen deenen zwou Missiounen, déi mer am Mali hunn.

MINUSMA, dat ass UNO an dat ass eng Missioun, déi doranner besteet, dass UNO-, also Blohelmzaldoten, am Mali sinn, fir d'Zivillbevölkerung ze protegéieren, fir datt vu kenger Säit Aktiounen gestart gi par rapport zu der Zivillbevölkerung.

An der MINUSMA-Missioun sinn allméiglech Zaldote vun der ganzer Welt dran, Blohelmzaldote vun der ganzer Welt, dorënner zwee Lëtzebuurger, déi awer nëmmen an de Campe baséiert sinn. Dat heescht, déi hunn als Hauptfonctioun, dass d'UNO d'Telekommuni- kationsmëttel garantéiert kritt, wa se sech depla- céiert, also d'Zaldoten, wa se sech deplacéieren, dass d'Campe matenee verbonne sinn, well am Mali, kënnt Der Iech virstellen, dass d'Telekommunikationsinfra- struktur éischters net esou wéi bei eis an zweetens gëtt déi natierlech besonnesch gär vun Terroristen zerstéiert, fir datt d'Truppen net matenee kënne kom- munikéieren.

Or, fir d'Sécherheet vun den Zaldoten an och doriwwer eraus vun der Zivillbevölkerung ass d'Kom- munikatioun extreem wichteg. An eis zwee Zaldoten, déi garantéieren dat. Mir kréien och vill Luef an der UNO fir déi Missioun, déi mer do maachen. Also, wéi gesot, dass ass eng Missioun, déi ausschliisslech duerfir do ass, fir d'Zivillbevölkerung ze protegéieren. Déi intervenéieren och guer net am Konflikt tëschent den Terroristen an der malescher Arméi oder soss iergendeppes.

Dann hu mer natierlech niewendrun d'EUTM. Dat ass eng europäesch Missioun. An och dass ass éischer eng zivill Missioun. Dat heescht, déi intervenéieren och net am Konflikt. Déi si just derfir do - déi Zaldote vun den eenzele Memberstaaten aus der Euro- päescher Unioun, donc och Lëtzebuerg -, fir Zaldoten aus dem Mali auszebilden. Dat heescht, déi hunn iwwerhaupt keng Konfliktaktioun.

Déi sinn och guer net befuugt, dass ze maachen. Bon, natierlech, wa se do mat malischen Zaldoten trainéie- ren, versiche se, dass ze protegéieren. An eis Zaldoten zum Beispill si virun allem do, fir mat den Dronepro- grammer, déi mer hunn - wou mer jo entre-temps eng grouss Expertis hunn -, ze schaffen, fir datt d'Dro- nen da ronderëm fléien an d'Gebitt iwwerwaache fir ze kucken, ob net iergendeppes geplangt ass par rapport zu deenen Trainingsunitéiten, déi do sinn. Also och ganz kloer eng defensiv Missioun, déi si guer net berechtigt, fir sech am Konflikt anzemëschen.

Da muss een och oppassen, déi eenzel Lännner, déi am Mali aktiv sinn, do gëtt et grouss Ennerscheeder. D'Fransouse waren natierlech bedeelegt un der EUTM a sinn och an der MINUSMA. Mee d'Fransousen hunn och nach eegen offensiv Missiounen gehat, d'Opé- ration Barkhane zum Beispill, dat war kloer eng Inter- ventioun am Konflikt selwer, dee war gréisstendeels am Norde vum Mali. Do hunn d'Fransousen och elo decidéiert, sech bei eenzelnen Operatiounen, déi si haten, dorënner Barkhane, déi méi offensiv war, zrëckzéien. D'Fransousen hu par contre nach ëmmer bekräfigt, dass se am Moment an der EUTM bleiwen. An de Moment huet och kee Land an der Europäescher Unioun gesot, dass et sech wéilt aus där Missioun erauszéien.

Et ass och esou, dass bis elo d'Koordinatioun op euro- päeschem Niveau tëschent deenen eenzelnen Natiounen par rapport zu där doter Missioun gléckle- cherweis gutt leeft. An et ass och esou, dass an deem leschten Défenseconseil kloer d'Bereetschaft gewise ginn ass vun all deenen, déi do engagéiert sinn, dass, wa sollt decidéiert ginn - an ech betounen, sollt decidéiert ginn -, sech erauszéien, dass natierlech geuerdent a geschlosse gemaach gëtt, dass heescht, dass kee Land en Alleingang mécht, weeder Däitschland nach Frankräich nach soss e Land. Duerfir dierf een net ëmmer déi Norichten, déi do komme wéi: „D'Fransousen zieh sech hei zrëck, anerer do“, verwiessele mat deem, wat do an deenen eenzelne Missiounen geschitt. Dass ass ganz ennerschiddlech.

Op alle Fall ass et kloer, dass bei der EUTM-Missioun d'EU Länner dass zesummen decidéieren. Bei der MINUSMA ass et an der UNO, wou d'Decisioun muss falen. Do ass dass de Moment iwwerhaupt nach keen Thema, well do geet et, wéi gesot, ëm de Schutz vun der Zivillbevölkerung. Dass gesot, dass d'Situatioun natierlech ëmmer komplizéiert am Land, dass ass gewosst. Mee et muss een awer och wëssen, dass d'Alternativ net ka si fir ze soen: „Elo gi mir einfach do eraus an da war et dat!“

Et ass awer och grad esou kloer, dass hunn ech scho méi wéi eng Kéier an Interviewe gesot, dass et fir mech net ka sinn, an dass stéiert mech, dass keng Wale

stattfannen. Dass stéiert mech natierlech och ongeheierlech wéi déi meeschte Länner. Mee wat mech de Moment kuerzfristeg à ce stade am meeschte stéiert, dass ass, dass Mercenairestruppen am Norde sinn, déi jo awer nu wierklech net grad déi nammlechst eethesch an deontologesch Valeure vermëttel wéi déi, déi mir un d'malisch Zaldote vermëttelen, dass déi do present sinn. An et ass och kloer fir déi meeschte Länner, fir net ze soe fir d'ganz Europäesch Unioun, dass mat deenen net kann zesummege schafft ginn.

Mee, wéi gesot, dass gëtt de Moment vu Woch zu Woch nei bewäert. Et si permanent Diskussiounen. Et gëtt och Drock gemaach op d'Junta. Gëschter oder virgëschter nach huet d'Europäesch Unioun deci- déiert, Sanktiounen ze huele géint fënnf Membere vun der Militärjunta an do si weider Saachen an der Planung. Do lafen och nach dauernd Gespréicher. Den Haut-représentant war elo nach kierzlech do. An déi däitsch Verteidigungsministesch wäert elo an der zweeter Woch Februar warscheinlech och dohinner fueren, fir do nach Gespréicher ze féieren.

Ech hunn déi Rees, déi ech sollt maachen, zrëck- gestallt, well dat wier zu engem Zäitpunkt gewiescht, wou dat komplett onkloer war. Mee ech hu se net definitiv annuléiert, se ass „postponed“, also se ass verluecht, an et ass ganz probabel, dass ech och elo eng Kéier wäert bei eis Zaldoten dorower goen.

Mee, wéi gesot, alles dat, wéi d'Situatioun evoluéiert, gëtt all Moment nei evaluéiert Op alle Fall soen ech Iech eent: Et kann net d'Léisung sinn, d'Sahelzon hirem Schicksal selwer ze iwwerloossen, well éisch- tens iwwerhuelen dann do anerer relativ séier, an zweetens huet dat fir Europa Konsequenzen, déi zimmlech dramatesch sinn. Déi wäerte mer dann och ganz séier ze spiere kréien. Duerfir si mir a perma- nentem Kontakt mat eisen Zaldoten, mee och mat eise Partnerlänner, fir d'Situatioun ëmmer erëm nei ze evaluéieren.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Bausch, Dir musst esou lues zum Schluss kommen.

**M. François Bausch**, Ministre de la Défense | Ech si fäerdeg.

**M. Fernand Etgen**, Président | Fein. Merci.

Da komme mer elo zur Fro Nummer 285 vun der Madamm Tess Burton un de Minister fir Tourismus iwwert d'Aféiere vun enger Tourismustax am Mëller- dall. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 285 du 7 février 2022 de Mme Tess Burton relative à l'introduction d'une taxe de séjour dans la région du Müllerthal, adressée à M. le Ministre du Tourisme**

**Mme Tess Burton** (LSAP) | Merci, Här President. Gudde Mëtteg alleguer. Gudde Mëtteg, Här Minister Delles. Een Euro pro Iwwernuechtung soll all Tourist deemnächst als Taxe de séjour zousätzlech bezuelen, wann en am Mëllerdall Vakanz mécht. Eng Touriste- steier, wéi ee se aus dem Ausland scho kennt, soll also elo och an der klenger Lëtzebuurger Schwäiz agefouert ginn. Dass ass op d'mannst emol de Wunsch vum ORT, dem Office régional du tourisme.

Eng 300.000 Euro pro Joer géife sech domadder an där Regioun erwaart ginn. Mat der Stad Iechternach huet rezent déi éischt Gemeng aus där flotter Regioun dës Tax zougestëmmt. An deem Kontext wollt ech de Minister eebe froen, wéi hien als zou- stännege Minister fir den Tourismus zu der Iddi vun esou enger Tax steet. Weess de Minister och, ob all d'Gemengen aus der Regioun Mëllerdall dës Tax



zoustëmme wäerten? A gouf et eventuell am Virfeld eng Demande aus där beträffender Regioun, fir méi Sue vum Ministère ze kréien, fir esou hir verschidde Projekte realiséieren ze kënnen? A weess och de Minister, ob aner Regiounen Änleches wëlle hunn? Wa jo, wéi eng Regiounen sinn dat?

An ofschléissend, Här Minister, wollt ech och nofroen, ob weider Projekte vun der Regierung an awer och aus dem Plan quinquennal de tourisme geplangt sinn, fir dës esou wichteg Touristeregion zu Lëtzebuerg ze stäerken.

An domadder géif ech Iech scho Merci soe fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Burton. Den Här Tourismusminister Lex Delles ass prett. Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

**M. Lex Delles**, Ministre du Tourisme | Merci villmools, merci villmools, Madamm Burton, fir déi Fro. Ob eng Taxe de séjour Sënn mécht oder net, muss all Gemeng fir sech decidéieren, well et ass natierlech d'Autonomie communale, déi do spillt.

Ech weess, dass den ORT, besonnesch ënnert dem President vum ORT Mëllerdall, d'Initiativ geholl huet, fir dat ze proposéieren. Ech weess awer och, dass et natierlech keen Accord an alle Gemengen gëtt, fir dat ze maachen. Dat heescht, fir op Är Fro ze äntworten: Nee, mengen Informatiounen no wäert net all Gemeng mat op dee Wee goen, fir eng Tax anzeféieren.

Dir hutt och gefrot, wéi meng perséinlech Meenung dozou ass. Ech mengen, dat ass jo dann d'Fro vun der nationaler Taxe de séjour. Déi kënnt fir mech net a Fro, besonnesch net zu dësem Moment. Mir wëssen, dass an dësen Zäiten grad d'Hotellerie et ganz schwéier huet, soudass menger Meenung no net de Moment ass fir zousätzlech Taxen op nationalem Niveau. Well dat ass eng Steier, déi géif agefouert ginn, déi menger Meenung no net soll kommen.

Well Der geschwat hutt iwwert d'Finanzementer vun den ORTen, hunn ech e bëssen d'Zuele beienee gesicht, wéi d'Evolutioun ass vun der Mise, déi an eng ORT-ASBL geet.

D'ORTE sinn ASBLen, wou dräi eenzel Acteuren erabezuelen. Dat sinn op där enger Säit d'Gemengen, déi zweet Part ass de Privatsektor an déi drëtt Part ass de Staat.

Do gesäit een, datt den ORT Mëllerdall zum Beispill 2022 eng Enveloppe vu knapp 440.000 Euro krut an nach eng Kéier d'Méiglechkeet hutt, fir mat ronn 50.000 Euro iwwer Projeten nach eng Kéier kofinanzéiert ze ginn. Dat sinn 18,69 % méi wéi 2018. Den ORT Musel an den ORT Éislek kréie ronn 360.000 Euro an hunn och allen zwee d'Méiglechkeet, nach zweemol 50.000 Euro ze kréien, wa se Projeten eragin. Dat ass fir den ORT Musel e Plus vun 48,8 respektiv fir den ORT Éislek e Plus vu 17,36 % par rapport zu 2018. Den ORT Süden an den ORT Guttland kréien dës Joer knapp 240.000 Euro plus och nach eng Kéier, wa se Projeten erareeche, zweemol 50.000 Euro, déi se méiglecherweis kënnen kréien. Dat si 26 % méi fir de Süde respektiv e Plus vun 122,72 % par rapport zu 2018.

Déi grouss Differenzen, déi et hei gëtt mat de Plussen, loosse sech gréisstendeels ganz einfach erkläre duerch d'Iwwerleeung, dass eeben den ORT Guttland zum Beispill vill méi rezent kreéiert ginn ass, soudass deen nach an der Phas ass, wou e sech opbaut.

2020 hu mer decidéiert, dass d'Konventiounen géife geännert ginn, well eebe grad do sinn och - fir op Är Fro ze äntworten - Froen opkomm, wéi et mat de

Finanzementer wier, well nämlech an de Konventiounen eng Deckelung vun de Paie war. Déi ass erausgehol ginn, an zwar op Nofro vun den ORTen, déi wollten déi net méi iwwer Konventiounen - Barème vum Staat - gedeckelt hunn. Dat ass dann och erausgehol ginn. A si kruten, wéi dat gestrach ginn ass, och d'Méiglechkeet, dass se net méi en Dekont um Schluss vum Joer gemaach kritt hunn, wou se da keng Sue krute fir Krankeschäiner a Congé-parentallen an esou weider, déi sinn dann net méi ofgezu ginn. Dat heescht, och doriwier hu se d'Méiglechkeet, fir méi Suen ze kréien. An natierlech, iwwert de Plan quinquennal, Dir hutt en ugeschwat, kréien d'ORTen d'Méiglechkeet, fir fir alles, wat Digitaliséierung ass, bis zu 70 % vum Staat subventionéiert ze ginn.

Ech schwätze guer net vun där ganzer Aarbecht, déi zesumme mat LFT (ndlr: Luxembourg for Tourism) gemaach gëtt fir Layouten an esou weider, déi d'ORTen, also d'ganz Regiounen, déi wichteg sinn am Tourismus hei zu Lëtzebuerg, och dann zur Verfügung gestallt kréien.

Natierlech ass de Staat de gréisste Contributeur vun den ORTen. Mir schwätze vun tëschent 35 a 60 % vum Gesamtbudget vun den ORTen, déi de Staat un eng ASBL ORT bezillt.

Ech wëll awer och soen, dass mer den ORTen alleguerten d'Offer gemaach hunn, hiert Personal an d'Funktionskäschten integral vun LFT iwwerhol ze kréien, fir dass eebe grad déi Suen, déi an der Regioun sinn, déi also aus der Regioun kommen, och an der Regioun bleiwen, fir Projekte geziilt kënnen ze realiséieren.

D'Mataarbechter bleiwen an deem Fall och ganz konkret an der Regioun. Mir hunn ee Pilotprojet, deen uleift, dat ass den ORT Norden. Do ass et ganz kloer. D'Personal schafft duerno fir den LFT, mee bleift weiderhin an der Regioun, fir um Terrain kënnen Projeten ze developpéieren, wat den ORT-ASBLen och d'Méiglechkeet gëtt, vill méi Liquiditéiten ze hunn, fir Projeten am Sënn vum Tourismus an der Regioun kënnen ze realiséieren.

Op där anerer Säit ass déi Kollaboratioun mam LFT, dass d'Personal do schafft, och e ganz wichtigen Deel, fir dass mer méi eng Kohärenz a méi en enk Zesummeschaffen hunn tëschent - ech si bal fäerdeg, Här President -, tëschent national dem LFT op där enger Säit an natierlech och de Regiounen an den ORTen.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Delles.

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 286 vum Här Marc Spautz un d'Madamm Gesondheitsministesch iwwert den digitalen europäesche Covidcertificat a seng Unerkennung op internationalem Niveau. Här Marc Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 286 du 8 février 2022 de M. Marc Spautz relative au « certificat Covid numérique de l'UE » et à la reconnaissance au niveau international, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, meng Fro un d'Gesondheitsministesch geet, wéi Der et scho gesot hutt, iwwert de Certificat vum Impfen, an dat virun allem am internationale Kader.

Ech selwer hunn d'lescht Woch, genausou wéi meng Kofraktiounspresidentin, d'Madamm Hansen, an och mäi Kolleg, de Max Hengel, Froen un d'Madamm Minister an deem Kontext gestallt gehat, wat de Certificat vun Johnson ubelaangt respektiv

d'Impfung vun Johnson. Mir hunn och gesot kritt, dass alles gereegelt wier, och am Kader vum 3/1.

Mir hunn awer elo eppes Neits, nämlech de 4/1, Certificaten, déi ausgestallt ginn, wou 4/1 drop steet. Wann d'Leit déi iergendwou weisen - op alle Fall an engem gréisseren Nopeschland, Däitschland genannt - an domadder opgetratt sinn, krute se gesot, 4/1 géife si net kennen a 4/1 géif et net ginn.

Ech weisen et nach eng Kéier ganz grouss: 4/1. An, Här President, ech hunn Iech och eng Kopie gemaach, fir dass Der et selwer gesitt, ...

*(M. Spautz fait le dépôt d'un document.)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Spautz.

**M. Marc Spautz** (CSV) | ... datt 4/1 do drop steet. An do stelle sech elo ganz vill Froen. Et si jo och elo ganz vill Leit, déi d'Chance hunn, d'nächst Woch an d'Vakanz ze goen, déi an där Situatioun sinn. Déi sinn hei zu Lëtzebuerg an engem Impfzenter geimpft ginn, no Johnson, well jo do gesot ginn ass, et misst nach eng Kéier nogeimpft ginn. Wat ech och guer net contestéieren!

Mee da kréie se e Certificat mat 4/1. Et muss een awer wëssen, dass um internationale Marché - op alle Fall bis elo! - nach néierens een eppes vu 4/1 héieren hat. A wann Der zum Beispill plazeweis an Däitschland eragitt, musst Der net nëmmen Äre Code weisen, mee déi kucken och gären, ob 3/3 drop steet. An da steet op eemol 4/1 do, an da kommen d'Leit net méi eran!

Dofir meng Fro: Wat ass lass mat deem 4/1? Wat ass do d'Virgoensweis? Wat sollen d'Leit elo maachen, fir no Méiglechkeet awer e Certificat ze kréien, deen och an deenen anere Länner respektéiert gëtt? Sinn do schon Diskussiounen gefouert gi mat den Nopeschlänner, fir dat awer gekläert ze kréien, am Interesse vun alleguerten deene Leit, déi esou e Certificat ausgestallt kritt hunn?

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Spautz. D'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Merci, Här President. Virop hätt ech et begréisst ze wëssen, ëm wat et sech handelt bei där Fro. Wann ech dee Certificat gesinn hätt, misst ech dat elo net esou ganz spontan hei maachen.

*(Brouhaha)*

Wat ass de 4/1? De 4/1 ass am Fong konform zu deem rezentsten Acte délégué vun der Kommissioun, dee geholl ginn ass, wou d'Virgab gi gëtt, wéi enregistriert soll gi fir déi Leit, déi immunodepriméiert sinn. Dir wësst, dass hei am Land - wéi och an deenen anere Länner - et recommandéiert ass, fir spezifesch bei immunodepriméierte Leit eng véiert Impfung ze maachen. A fir dass dat harmonesch ofleef an der Unioun, ass eng Virgab komm, iwwer e sougenannten „acte délégué“, dee Lëtzebuerg selbstverständlech direkt ëmsetzt. Wann dat an anere Länner nach net ëmgesat ass, dann ass dat regrettable. Mir hunn eis Aufgaben do gemaacht. An asoufern sinn déi Certificate konform zu deem, wat de leschte Stand der Dinge fir déi dote Saachen ass.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Lenert.

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 287 vun der Madamm Josée Lorsché un de Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbecht iwwert d'Kompensationsmesuren,



déi am Kader vun den Aarbechten op der A3-Autobunn virgesi sinn. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 287 du 8 février 2022 de Mme Josée Lorsché relative aux mesures de compensation prévues dans le cadre du projet de l'extension de l'autoroute A3 à 2x3 voies, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här President. Här Minister, jo, meng Fro riicht sech un Iech. Et geet em den Ausbau vun der A3 vum Gaaspe-recher Kräiz a Richtung Diddeleng, wou d'Ponts et chaussées rezent e Pressecommuniqué erausginn hunn, dass d'Aarbechten de 26. Januar géifen ufänken. Dat ass och tel quel de Fall. D'Zil ass bekannt. Et geet jo drëms, d'Autobun ze sekuriséiere respektiv ronderëm d'Aire de Berchem méi Sekuritéit ze schafen an och op den Op- an Afaarten, mee haaptsächlech awer och - an dat geet zréck op eng Motioun -, fir déi drëtt Spuer fir de Bustrafick an de Covoiurage ze reservéieren, wat jo positiv ass, fir den Transport en commun ze férdere, wat derzou féiert, datt d'Bussen dann op där Streck net méi wäerten am Stau stoen.

Den negativen Impakt ass natierlech bei all Bauprojet deen, datt Hecken, Beem a Liewensraum zerstéiert ginn, notament um Bord vun der A3, déi jo schonn do ass. An do gesäit een och schonn, dass Ofholzung de Moment stattfannen. Dat féiert mech dann éisch-tens zu der Fro, wéi déi konkret Kompenséierungs-moossnamen fir de Projet dann ausgesinn. A weini gi se duerchgefuert? Wat ass den Zäitpunkt vun deene Kompenséierungen?

A wann Der mer dann nach eng Zousazfro erlaabt, déi och zréckgeet op eng Motioun, déi mer beim Vott vum Projet de loi hei deposéiert hunn. Déi bezitt sech op de Lärmschutz op der ganzer Streck. Wat ass do genau virgesinn? An ass garantéiert, datt deen dann och esou wäit wéi méiglech gebaut gëtt? Wéi wäit wäert deen entstoen?

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Lorsché. Den Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President, an och merci der Madamm Lorsché fir hir Froen. De Gesamtbilan bei der A3, also de Gesamtekobilan bei der A3, dee mer musse kompenséieren, entsprécht 7 Milliounen Biotopwäertpunkten. Dat seet Iech elo net schreck-lech vill. Duerfir wäert ech Iech elo e bëssen am Detail soen, wat dat alles beinhalt a wat och schonn amgaang ass respektiv realiséiert ginn ass, wéi dat sech och gehéiert, wann een esou e Projet ufänkt. Well d'Kompensatiounsmesurë musse jo amgaang sinn a gläichzäiteg gemaach ginn, wann de Bau vun engem Projet leeft.

Am Gesetz waren 10,5 Milliounen Euro fir Kompensatiounsmesurë virgesinn. Do derbäi kommen awer nach eng Kéier 13,3 Milliounen Euro fir Wëldebrécken, déi gebaut ginn. Eng ass schonn esou gutt wéi fäerdeg gebaut. An hei wëll ech och drop hiweisen, datt mer am Kader vun dem Ausbau vun der A3 eppes nohuelen. Do gesitt Der, wéi net nëmmen d'Traditiou-nen, mee och d'Gesetz an d'Reegele geännert hunn a wat deemools vergiess ginn ass, wéi déi eigentlech A3 gebaut ginn ass. D'A3, dat ass jo ratsch en Aschnëtt gewiescht an d'Landschaft an dat huet am Fong zwou Regiounen vunenee getrennt, soudatt de Wëld Austausch vun enger Säit zur anerer Säit guer net méi méiglech war. An et ass guer keng Wëldebréck gebaut ginn, also et ass keng ginn, et gëtt och haut nach keng. Déi éischt, déi elo gebaut ginn ass, déi ass nach net grad ganz fäerdeg, mee déi ass am Bau.

Also, wéi gesot, zwou Wëldebrécken, dont eng, an dat ass déi, déi am Bau ass, déi mer och zu 50 % zesumme mat der CFL maachen, well mir hu jo och nach d'Eisebunnsstreck, déi nei Streck, déi gebaut ginn ass niendrun. Och déi ass en Agrëff an do deelen d'Ponts et chaussées sech 50 % vun de Fraisen fir déi eng Wëldebréck. An dat ass och déi, déi Der scho kënnt de Moment am Bau gesinn, also déi ass schonn zimmlech fäerdeg gebaut.

An da kënnt eppes, wat jo fir vill Gespréich gesuergt huet och an der leschter Zäit, dat ass datt klengt Déierchen, wat do an der Géigend vill ronderëm krabbelt, dat ass déi sougenannten „Hieselmaus“, déi do ganz aktiv ass an där Géigend. An do sinn eng Rei Kompensatiounsmesurë fir d'Hieselmaus scho reali-séiert. Ënner anerem sinn 180 Niohoirë gebaut ginn, fir datt déi Déierchen kënne do weider existéieren. An et sinn och scho 5,6 Hektar Hecken zu Izeg ugeplant ginn, och am Sënn vun de Kompensatiouns-mesuren, fir datt dat Ganz funktionéiert. Dat heescht, d'Wëldebréck, d'Niohoirë fir d'Hieselmaus, d'Hecken, déi scho gesat sinn, dat ass also een Deel vun de Kompensatiouns-mesuren, dat ass och deen, dee gebraucht ginn ass, - ech kommen nach zréck op déi zwee Lousen -, fir do, wou scho geschafft gëtt, ze kompenséieren.

Da kënnt nach derbäi - d'Madamm Lorsché huet och nach nom Lärmschutz gefrot -, datt nach eng Kéier 20 Milliounen Euro am Projet virgesi si fir de Lärmschutz. Do gëtt och eppes nogeholl, wat an der Zäit verpasst ginn ass, wëll ech och hei ennersträichen. Et ass esou, datt eng 5,6 Kilometer laang Lärmschutzwand gebaut gëtt, haaptsächlech laanscht déi Gemeng, déi der Madamm Lorsché besonnesch um Häerz läit, awer net nëmmen, et geet souguer weider bis Richtung Bierchem.

An da sinn nach eng Kéier 6 Milliounen virgesi fir eppes, wat vläicht méi indirekt mat der A3 ze dinn huet, an awer. Dat ass nämlech d'Mobilitéit douce. Dir wësst, et gëtt en Expressvëloswee vu Beetebuerg an d'Stad gebaut. An deen ass schonn zum ganz grou-sen Deel a vun der CFL elo matgebaut ginn. Dee wäerte mer och an deenen nächsten zwee Joer kënne ganz fäerdeg realiséieren.

Autorisatiounen fir zwielf Kilometer si beim Environ-ement ugefrot ginn. Wéi gesot, an deenen zwielf Kilometer sinn déi siwe Milliounen Biotopwäert-punkten an alles dat, wat ech Iech elo opgezielt hunn, dran.

Dat gëtt a Louse gebaut. An natierlech musse mer alles realiséieren, wa mer erëm e Lous ufänken. Zwee Louse sinn elo autoriséiert. Dat eent ass de Lous A. Dee geet vum Croix de Gasperich op d'Aire de Berchem. Dat sinn déi Mesuren, déi ech Iech elo virdrun opgezielt hunn, déi mer scho gemaach hunn, déi entspreche deem.

An da kënnt nach de Lous E1. Do sinn e bësse méi kleng Kompensatiouns-mesuren, déi musse gemaach ginn, fir eng aner Kompensatiouns-mesure, nämlech eng Wëldebréck, kënne ze bauen. Fir d'Bréck selwer musse mer erëm Agrëffer maachen. Fir datt mer déi kënne maachen, ass d'Lous E1 do, fir datt dee Passage à faune, deen ech virdu genannt hunn, ka gebaut ginn.

Also, alles an allem maache mer dat genau, wéi et virgesinn ass. Déi aner Autorisatiounen kréie mer natierlech au fur et à mesure, wéi d'Lousen ugefaange ginn. An da gi selbsterständlech déi Kompensatiouns-mesuren, déi virgesi sinn, och gemaach.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Bausch.

Da komme mer elo un d'Fro Nummer 288 vum Här Laurent Mosar un d'Madamm Inneministesche iwwert d'Reform vum Gemeengegesetz. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 288 du 8 février 2022 de M. Laurent Mosar relative à la réforme de la loi communale, adressée à Mme la Ministre de l'Intérieur**

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech wollt eng Fro un d'Madamm Inneministesche stellen. Si schafft anscheinend un enger Reform vum Gemeengegesetz, wat eng wichteg Reform ass, déi och onbedéngt noutwendeg ass. Anscheinend wär do och schonn en Avant-projet de loi ausgeschafft ginn, deen och scho mat enger Rei vu Leit diskutéiert gi wier.

Fir d'éischt wollt ech do soen, datt ech e bësse bedauern, datt deen net och schonn op dësem Niveau eng Kéier an der zoustänneger Kommissioun diskutéiert ginn ass. Well wann et den Avant-projet ass, fannen ech, datt et scho wichteg ass, och eng Kéier do déi zoustänneg Kommissioun zesammen-zeruffen.

**Une voix** | Dat maache mer!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Et geet a sech drëm, datt hei d'Gouvernance vun de Gemengen, d'Exekutiv vun de Gemengen, soll reorganiséiert ginn. An deen Avant-projet huet dann och scho fir e bësselche Wellen dobauss gesuergt, notament bei de Gewerkschaf-ten, well och hei d'Gemengesekretären eigentlech géifen eng total aner Basis kréien.

Dofir wollt ech haut eigentlech eng Rei Froen un d'Madamm Inneministesche stellen. Fir d'alleréisch-t, ass dat esou, Madamm Ministesch, datt Der hei en Avant-projet de loi deposéiert hutt? Zweetens, weini gitt Der dervun aus, dass do de Projet de loi kënnt? Drëttens, ass deen Avant-projet elo scho plus ou moins definitiv oder gëtt deen awer och elo nach eng Kéier iwwerschaft an och nach eng Kéier mat de concernéierte Kreesser diskutéiert?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mosar. D'Inneministesche, d'Madamm Taina Bofferding, huet d'Wuert.

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Här President, fir d'éischt wëllt ech dem Här Mosar Merci soe fir d'Fro, well dat einfach d'Geleeënheet gëtt, fir drop anzugeen. Ech si ganz bei Iech, wann Der sot, dass et wichteg ass, dass mer eng Refonte vum Gemeengegesetz kréien an et eeben och, jo, un déi haiteg Besoinen, déi d'Gemengen hunn, kënne adaptéieren. Dofir hunn ech jo och deen Opdrag aus dem Koalitiounsaccord, fir d'Gesetz vun 1988 op de Leescht ze huelen.

„Matenee fir eng modern Gemeng“, dat ass och elo net nëmmen de Slogan vun där Reform, déi mer lancéiert hunn, mee den Numm ass bei eis Programm, esou wéi ech ëmmer gesot hunn: Et ass eng Reform fir d'Gemengen, an déi schaffen ech och zesumme mat de Gemengen aus.

Meng Approche, an dat wëll ech awer nach preziséieren, war elo déi lescht dräi Joer - dat heescht vun Ufank un, wou ech d'Mandat hunn -, nozelauschteren an all dat ze liesen, wat u mech erugedroe ginn ass, dat souwuel vusäit vun den 102 Gemengen, awer och vun de Syndicaten. Well et geet jo drëms, dass mer hei e Kader kréien, dee kloer ass, deen zäit-gemeiss ass, dee modern ass a wou da jidderee sech mat sengen eenzelne Besoinen dran erëmfënnt.



Mir haten, an dat wëll ech och nach soen, iwwer 6.000 Leit, déi participéiert hunn. Ech mengen, och dat schwätzt fir déi Approche, déi mer gewielt hunn, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Taina Bofferdig**, Ministre de l'Intérieur | ... fir eeben d'Leit mat anzebannen.

Mee u verschiddene Punkte schaffe mer, niewent dem Volet, fir iwwerhaupt emol d'lokal Mandat attraktiv ze gestalten, well och wa mer e moderne Kader hunn, musse mer jo nach Leit hunn, déi och gewëllt sinn, an d'Politik ze goen.

Hei sinn d'Stéchwierder de Congé politique, de Statut social, d'Responsabilité pénale, an och de Code de déontologie, dee mer jo wëllen aféieren. An ee Volet, wou mer ganz spezifesch och am Moment dru schaffen - an Dir hutt e schonn ugedeit -, dat ass deen iwwer eng modern Verwaltungsstruktur an eng méi performant Personalgestioun.

Firwat schaffe mer heirunner? Ma ganz einfach: Nodeems mer elo scho Reforme bei der Formation an och beim Rekrutement gemaach hunn, ass dat hei elo deen nächste Schrëtt, dee mer ugin. A virun allem sinn et Äntwerten op déi Besoinen, déi formuléiert goufen, déi an all deene Workshopen ëmmer erëm zum Ausdrock bruecht ginn. A wéi mer d'Analys gemaach hunn, hu mer gesinn hunn, dass mer eis nach u Gesetzter orientéieren, déi op 1843 zrëckginn. Dir hutt richteg héieren: 1843!

*(Interruption)*

Ech mengen, dat ass Grond genuch, fir déi Reform hei unzegoen.

Bon, d'Zäit erlaabt et elo net, méi an d'Detailer eranzegoen. Mee trotzdem wëll ech nach eng Kéier soen, datt et wichteg ass, dass mer eeben déi Reform do hikeréien, an dass et och drëms geet, d'Gemengen an d'Syndicaten ze ënnerstëtzen, se ze stäerken an hirer Autonomie, se awer och kënne weider ze professionaliséieren. Dofir ass et elo eisen Challenge, eeben e Kader ze ginn, deen déi néideg Flexibilitéit zouléisst.

Den Avant-projet de loi hutt Der elo e puermol ugeschwat. Ben, ech wëll Iech soen, dass ech nach net grad esou wäit sinn. Mir sinn amgaangen, un deenen Texter ze schaffen. Dobäi si mer awer och amgaangen, weider ze consultéieren. An ech bleiwen do menger Linn trei, wéi ech virdru gesot hunn: Dat geet just nëmme mateneen - mat de Gemengen, mat de Syndicaten!

Mir hunn der scho ganz vill gesinn, well et mer eebe wichteg ass, déi Concernéiert - souwuel, jo, säitens Patronat, d'Gemengen, awer och d'Personal selwer - mat anzebannen. Dofir hu mer déi Consultatiounen. Net méi spéit wéi de Moie war nach eng Gewerkschaft bei eis. Ech sinn och ganz zouversichtlech, dass mer eis do och wäerten eens ginn an dass mer, wéi gesot, déi Reform hikeréien.

Ech verweisen och hei drop hin, dass mer jo schonn een Deel souwäit an der Pipeline hunn, dat ass dee vun der Reform vun der Tutelle administrative. Ech mengen, do hunn ech och ganz kloer gewisen, dass ech determinéiert sinn, hei de Gemengen entgéintzekommen. Mir hunn hei direkt Neel mat Käpp gemaach. An der zoustänneger Chamberskommission waren nach rezent Amendementer geholl ginn, an dat unanime, soudass ech hoffen, dass mer och an deem konstruktiven Esprit hei kënne weiderschaffen an dass mer och de Rescht vun der Reform unanime esou kënne zesummen duerchgoen.

An natierlech, wann ech prett sinn, fir en ze deposéieren, da gëtt och d'Chamber mat agebonnen. Mee wéi gesot, meng Approche ass, fir d'Leit ze consultéieren, ...

*(Interruption)*

... dat wëll ech elo gären ee Schrëtt nom anere maachen. Ech weess, dat dauert e bëssen. Ech fannen awer nach ëmmer, dass dat déi richteg Approche ass. Dofir ass am Moment nach net vun Amendementer ze schwätzen. Mee wann et esou wäit ass, da selbstverständlech och zesumme mat der Chamber.

Mee loosst eis elo emol hei, wéi gesot, an deem konstruktiven Esprit en Text op den Dësch leeën an dann deposéieren! An da mécht dat alles sai Wee. An, wéi gesot, bei der Tutelle administrative si mer eis eens ginn an dann hoffen ech och, dass mer eis beim Rescht eens ginn.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Inneministesch.

Da kéime mer elo zur Fro Nummer 289 vum Här Claude Lamberty un de Sportsminister iwwert d'Zivillkarrière vu Sportler op héijem Niveau. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 289 du 8 février 2022 de M. Claude Lamberty relative à la carrière civile pour les sportifs de haut niveau, adressée à M. le Ministre des Sports**

**M. Claude Lamberty** (DP) | Jo, merci, Här President. Grad op engem Dag, wann ech op ...

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Hei, wannechgelift, et wier gutt, wann et e bësse méi roueg am Sall wier - op béide Säiten!

**Plusieurs voix** | A!

*(Brouhaha)*

**M. Claude Lamberty** (DP) | Elo gëtt awer net gestridden heibannen, ne!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Lamberty, Dir hutt elo d'Wuert.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Ech wollt soen: Grad op engem Dag, wann ech op d'Tribün kucken an ech gesi Jonker heibannen, ...

*(Interruptions)*

**Une voix** | Dir heescht net „Här Lamberty“.

**M. Claude Lamberty** (DP) | ... well meng Fro dréit sech och ëm Jonker, jonk Talenter am Sport - väicht ass jo deen een oder aneren douewen, deen och e jonk Talent am Sport ass - an ëm deenen hir Perspektiven. An ech war elo grad bei deen neie Sportsminister. Et ass seng éischt mëndlech Fro, déi en dann als Sportsminister oder iwwerhaupt als Minister ka beäntweren. Dofir sinn ech da ganz gespaant.

Et ass esou, wéi ech gesot hunn, et geet ëm d'sportlech Perspektiv vun deene jonken Talenter, wou sech dann déi jonk Sportler ganz oft d'Fro stellen zu engem gewëssene Moment: „Wéi geet mäi Parcours weider? Wat kann ech maachen, fir dass mäi sportleche Parcours vläicht och eng gewëssen Ofsécherung kritt?“ Well et gëtt jo net jiddwereen als Superstar gebuer an en ass sécher, dass en och mat där enger oder anerer Trophäe ganz vill Sue ka verdéngen, wéi een dat heiansdo géif mengen, wann een de Spëtzesport verfollegt.

Mee et gëtt ganz vill Talenter, déi eeben op hirem Wee no uewe gebremst ginn. An do ass et dann, mengen

ech, ganz wichteg, dass een och eng Ofsécherung huet, besonnesch als Jonken, wann een dann eng Perspektiv wëllt hunn. Dat fënnt een natierlech nach méi oft am Individualsport wéi am Ekippesport.

Et geet u sech drëm: Trauen ech mech als jonke Sportler, als Talent, fir dee Wee anzuschloen, fir mäi Sport kënne mat mengem Liewensprojet ze verbanne?

Wat hu mer bis haut? E ganz positive Projet ass dee vun der Section d'élite an der Armée. Dat ass e Wee, dee ganz vill Sportler an der Vergaangenheet gaange sinn, deen och elo nach vill Sportler ginn. Aktuell vläicht e Christine Majerus an och e Sarah De Nutte, déi vläicht déi bekanntste Gesichter oder mat déi bekanntste Gesichter sinn, déi och ganz oft Lëtzebuerg op den Olympiaden oder op soss internationale Rencontré vertrieeden an do den Ambassadeur sinn.

An do ass eebe meng Fro, well ech mat vill Freed dem Sportsminister säin Interview gelies hunn, wou hie seet, niewent där Karriär an der Armée kéint ee sech virstellen, och eng zivill Karriär opzebauen, dat heescht, aner Perspektiven nach fir déi jonk Sportler ze bidden. Wat ech ganz, ganz positiv fannen, wat ech och nëmme kann ënnerstëtzen.

Dofir meng Fro: Wat ass do vläicht méi konkret scho geplangt? Gëtt et Virbiller am Ausland, wou mer eis wëllen drun orientéieren? Ass do e Projet och mam Comité olympique zesumme geplangt, wéi mer do deene jonken Talenter kënnen eng Perspektiv bidden? Am Endeffekt ass et einfach wichteg fir d'Zukunft vun de Sportler, awer och vun de Federatiounen, an am ganz groussen Endeffekt fir d'Ambassadeuren, déi d'Sportler an eiser Welt sinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Lamberty. Den Här Sportsminister Georges Engel huet d'Wuert.

**M. Georges Engel**, Ministre des Sports | Merci, Här President. Merci och dem Claude Lamberty, als Deputéierten, awer virun allem och als President vun enger ganz grousser Federatioun, der Tennisfederatioun, fir déi Fro. En huet vun „Ofsécherung“ geschwat, en huet vu „sech traue“ geschwat an en huet virun allem och vun engem Erfolgsmodell geschwat, deen déi Elitesportlersektioun an der Armée ass.

Effektiv ass dat e Sujet, dee mech interpelléiert, an et ass och e Sujet, un deem ech probéieren, an dëser Legislaturperiod - déi Zäit, déi mer nach bleift - ze schaffen. An et ass ee vu menge prioritäre Sujeten. Sportförderung iwwerhaupt ass en Thema, wat mer ganz wichteg ass, net nëmme um Niveau vun den Elitesportler, mee am Allgemengen, och am Breidesport. Et ass och ganz vill an de leschte Joren hei geschitt.

Ech wëllt mer hei an deem Kontext eeben erlaben, de Regierungsprogramm ze zitieren, dee Follgendes seet, an den Ufank, dee maachen ech éischer fräi, net textuell. Et geet do ëm d'Modalitéiten an ëm d'Krittären, wéi ee kann Elitesportler an der Armée ginn. Déi sollen iwwerkuckt ginn an adaptéiert ginn an un d'Gegebenheete vun der Zäit ugepasst ginn, notament och, wat d'Adhesioun vun deene Sportler vun héijem Niveau ugeet, fir no der Instruction de base, déi se an der Armée musse maachen, och kënnen universitär Studien ze maachen. Esou steet et am Regierungsprogramm.

An da kennt dee Saz, deen den Här Lamberty wäert méi speziell interesséieren, nämlech deen: « Pour ceux ne souhaitant pas intégrer l'armée, une filière parallèle », an dann - a Klammeren - Zivildienst, service



civique d'au moins 3 mois - Klammer zou - « sera analysée. »

Wat d'Elittesportsektioun vun der Arméi ubelaangt, do sinn déi Elementer am Projet de loi 7880, deen de Verteidigungsminister, de François Bausch, de 7. September hei deposéiert huet, mat dran enthalen an dee wäert Der dann a kierzester Zäit oder an nächster Zäit eng Kéier an der Kommissioun diskutéieren.

Wat awer d'zivil Karriär, déi de Claude Lamberty elo ugeschwat huet, fir Spëtzesportler ubelaangt, déi net kënnen oder net wëllen an d'Arméi goen - och där Leit gëtt et jo, an dat ass deemno och hiert gutt Recht -, do sinn Iwwerleeungen amgaangen.

Mir sinn awer wierklech eréischt am Stadion vun den Iwwerleeungen. Mir sinn eréischt am Stadion vum Ausloten, wat fir Méiglechkeeten et do gëtt, a kucken am Ausland, wéi eng Modeller et do gëtt. Mir kucken eis natierlech eis Nopeschlänner un, wou et eventuell esou Modeller gëtt, déi ee kéint, ech wëll net soe kopéieren, mee wou een awer kéint Elementer fir Lëtzebuerg mat iwwerhuelen.

An da wäerte mer natierlech och déi néideg Acteuren, déi an deem Beräich do aktiv sinn, mat an d'Boot huelen. Mir wäerten de Conseil supérieur des sports befragen. Mir wäerten och den COSL hei mat an d'Boot eranhuelen. Mee et ass kloer: Fir am Moment konkret Pläng hei schonn ze soen, dofir ass et nach ze fréi. Ech géif Iech dann, soubal ech do méi weess, och au courant halen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Engel.

Als nächst hu mer d'Fro Nummer 290 vun der Madamm Diane Aehm un den Educatiounsminister iwwert d'Affichë vum franséische Presidentschaftskandidat Éric Zemmour, déi an der Europaschoul affichéiert goufen. Madamm Aehm, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 290 du 8 février 2022 de Mme Diane Aehm relative aux affiches de campagne de M. Zemmour, candidat à la présidentielle 2022, collées sur les panneaux d'affichage de l'École européenne, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**Mme Diane Aehm (CSV) |** Jo, merci, Här President. D'lescht Woch war hei an der Lëtzeburger Press e klengen Artikel ze liesen, dass an enger Europaschoul hei am Land zwou Affichë gehaangen hu vum Éric Zemmour, franséische Presidentschaftskandidat fir de Rassemblement national.

Virum Hannergrond vun deem Zeitungsartikel wëllt ech gäre vum ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR) |** Net de Rassemblement.

**Mme Diane Aehm (CSV) |** Gelift? Wat gelift! Et ass d'Extrême rechts, Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR) |** Dir hutt gesot Rassemblement national.

**Mme Diane Aehm (CSV) |** Ech hu mech geiert, pardon. Et ass d'Extrême droite, op franséisch, da si mer eis eens.

Virum deem Hannergrond a wëssend dass de Minister net direkt zoustänneg ass fir d'Europaschoulen hei am Land, wëllt ech awer trotzdem folgend Froen un de Minister stellen:

Wéi hält et sech bei eis am Land mat politesche Parteien an de Schoulen? Däerfe politesch Parteien Affichen ophänken, jo oder neen? Däerfe Flyeren ausgedeelt ginn, jo oder neen?

Ginn et do Consigné vum Ministère un d'Schoulen? Sinn déi Consigné schréfflech gehalen?

Wien decidéiert, wéi eng Politiker däerfen an d'Schoule goen, fir mat Schüler iwwer verschidden Theemen ze schwätzen?

A schlussendlech wëllt ech och wëssen: Wéi gëtt kontrolléiert, ob déi Consigné vum Ministère da gegebenefalls agehale ginn?

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Madamm Aehm. Den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse |** Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Madamm Aehm scho richteg gesot huet, kann ech nun näischt zu deem Virfall soen, datt do Affichen an enger vun eisen Europaschoulen, nämlech där zu Mamer, opgetaucht sinn. Mir hunn awer do nogefrot. Déi Affichë waren natierlech net uerdnungsgeméis do opgehaange ginn a sinn dunn och erëm eng Kéier erfokk, well d'Europaschoulen, esou wéi eis Schoulen d'ailleurs och, op strikt politesch Neutralitéit pochen, awer op där anerer Säit och insistéieren, datt d'politesch Bildung ganz groussgeschriwwé gëtt an eng grouss Bedeitung huet an der Schoul.

An natierlech muss een do dacks och den Equiliber fannen. Natierlech kann een iwwer politesch Bildung nëmme gutt eppes maachen, wann een och mat Politiker vun ënnerschiddleche Parteien an domadder awer och wierklech vum ganze Parteiespektrum dann och zesummen emol eppes ka maachen. Dat ass och an de Schoule Politik fir unzepaken. Dat ass an de Schoulen och ganz konkret de Schüler gewisen, wat d'Politiker soen.

Duerfir wëlle mer schonn och d'Presenz vu Politiker an de Schoulen hunn, mee natierlech muss et politesch neutral sinn an et muss equilibréiert sinn; net equilibréiert onbedéngt pro Veranstaltung, mee equilibréiert an der Durée, soudatt do eigentlech dann och all politesch Couleur méi oder manner soll zur Geltung kommen an domadder och de Schüler de politesche Spektrum ka gewise ginn.

Wat awer och nach eng Kéier kloer ass, dat ass op där anerer Säit, datt d'Schoulen als solch natierlech absolut neutral solle sinn. Net nëmme, datt d'Zomm vun hiren Aktivitéite politesch neutral soll sinn, mee d'Schoul selwer, an natierlech och hir Representanten - datt heescht, d'Direktioun, aner Mataarbechter, och d'Enseignanten an och d'Educateuren - solle politesch neutral sinn a sech all Äusserunge politescher Natur do enthalen.

Woubäi dat natierlech ëmmer ganz schwierig ass, well op där enger Säit wëllt een iwwer Politik schwätzen an den Enseignant oder en anere Professionelle muss dat natierlech och animéieren. Mee en ass dee Moment am Rôle vun engem Enseignant, a sengem professionelle Rôle, an net an deem, fir seng privat Meinung do kënnen matzedelen oder eventuell och Propaganda ze maachen.

Dat sinn déi Instruktiounen, déi mer ëmmer nees och ënnersträichen. Ëmmer nees kréie mer och an eise Schoulen, an eise Lycéeën, Froen an deem dote Sënn, an déi Messagë gi mer mëndlech, awer och schréfflech an Instruktiounen un eis Lycéeën. Mir kucken eis natierlech och regelméisseg un, wat fir eng Aktivitéiten da wou stattfannen. Mir si keng bekannt hei zu Lëtzebuerg an eise Schoulen, wou mir direkt de Contrôle hunn, wou mer gréisser Bedenke gehat hätten.

An nach eng Kéier: Ech denken, dass deen Zeitungsartikel, op deen Der Iech do referéiert hutt, och sécherlech net problematesch war. Well wëll Aktiounen, an dat dote schéngt mer eng wëll Aktioun gewiescht ze sinn, déi gëtt et ëmmer erëm a si sécherlech net toleréiert gewiescht vun der Autoritéit vun där Schoul. A souwäit ech informéiert sinn, huet d'Autoritéit vun der Schoul, d'Direktioun, och ganz schnell ordonnéiert, fir déi Affiche erfroezhuelen.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Meisch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 291 vum Här Carlo Weber un de Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten iwwert d'Ëmsetzung vun den Aarbechten um Ettelbrécker Contournement. Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 291 du 8 février 2022 de M. Carlo Weber relative à la mise en œuvre du contournement de proximité à Ettelbruck, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**M. Carlo Weber (LSAP) |** Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech stellen dem Här Bausch Froe betreffend d'Verkéierssituatioun an a ronderëm Ettelbréck.

Op der Haaptstrooss, op der N15 vu Feelen duerch Ettelbréck erop op d'A7 op d'Autobunn, do quäle sech all Dag iwwer 15.000 Camionnetten, Busser, Autoen, Schwéiertransporter. An eigentlech ass de Rond-point net zougelooss fir Schwéiertransporter, well den Duerchmiesser ass einfach ze kleng. Et ass net einfach, mat Schwéiertransporter derduerchzufueren. Dat verbonne mat alldeegelechem Stau an héijen Ofgasemissiounswäerter bedeit keng angeneem Liewensqualitéit, ech denken hei speziell un d'Awunner vun Ettelbréck a ronderëm.

Stau bedeit och fir déi eenzel Betriber vun douewen een enormen Zäit- a finanzielle Verloscht, well déi Zäit, wou d'Jongen an de Camionnetten hängen an am Stau net virukommen, bedeit en enormen Zäit- a finanzielle Verloscht.

D'Mobilitéitskonzept 2035, an den Informationsversammlungen, fannen ech perséinlech, gouf e ganz flotte Projet presentéiert: den Ettelbrécker Contournement op enger Längt vun 2,8 Kilometer, dovunner virgesinn 65 % Tunnel an 30 % Brécken. De Verkéier géif deemno am Ettelbrécker Zentrum entlaascht ginn an an der Direktioun Bieren, Schieren, Feelen a bei d'Lycéeën a bei d'Klinick vun Ettelbréck dirigéiert ginn.

An deem Sënn wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten dozou folgend Froe stellen: Ginn déi Planungen an Etüden an déi Richtung virugefouert? Wa jo, wéi wäit ass d'Stroossebauverwaltung mam Avant-projet sommaire? Wéini kann een eventuell hei mat engem Gesetzesprojet rechnen?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Weber. Den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics |** Merci, Här President, a merci och dem Här Weber fir déi Froen. De ganze Projet Nordstad, also d'Verkéierskonzept Nordstad, dat mer d'lescht Joer virgestallt hunn, dat ass en Deel scho vum Plan national de mobilité 2035. Et ass virgesinn, datt dee gesamte Plang Enn Abrëll an de Regierungsrot geet. Da wäert ech deen och ëffentlech virstellen, selbstverständlech och der Chamber. An da wäerte mer och nach eng Kéier en Tour maachen duerch d'ganz Land, fir de Bierger dat alles virstellen.



Wat elo d'Nordstad ubelaangt, si siwe Schlüsselelementer do dran. Fir d'éischt ass et emol wichteg ze betounen, datt dat Ganzt nëmme fonctionéiert, wann déi siwe Schlüsselelementer och alleguete gebaut ginn. Dat heescht, do schonn emol e ganz kloere Jo vun der Regierung, do steet d'Regierung voll derhanert.

Een Deel vun de Projeten ass och am PSC schonn ageschriwwen, een Deel wäert nach ageschriwwen ginn, well et si jo eng Rei nei Saachen derbäi. An Dir hutt scho matkritt, de Plan national de mobilité 2035, dat ass den Zäthorizont, wou alles soll realiséiert ginn, wat Der an deem Plang wäert erëmfannen, deen am Abrëll wäert presentéiert ginn, donc dann och déi Saachen hei alleguer, dat heescht, déi siwe Schlüsselelementer.

De Moment ass d'Stroossebauverwaltung amgaangen, un den Detailer ze schaffen, also um APS ze schaffen. Dat wäert awer nach eng Zäit daueren, well Dir kënnt Iech virstellen, do sinn elo eng Rei Viraarbechte gemaach ginn, Buerungen an esou weider, fir déi Tunnellen ze kucken, am Kontext vum Contournement selwer. Do sinn och nach eng Rei Terrainsfroen, déi sech stellen. Mir sinn am Gespréich mat der Gemeng Ettelbréck, haaptsächlech fir do, wou Der zu Waarken erauskommt op där anerer Säit Richtung Spidol. Do mussen eng Rei Émdispositiounen gemaach gi vun der Gemeng, wou awer d'Gemeng dermat averstanen ass, fir mat eis op dee Wee ze goen.

Also, wéi gesot, et ass elo am Moment nach ze fréi, fir prezis ze soe vun hei bis 2035, wat fir eng vun deene siwen Elementer a wéi engem Joer fäerdeg sinn. Dat, géif ech soen, wäert awer nach gären ee bis zwee Joer daueren, mindestens bis den APS ofgeschloss ass. An da kënne mer och eréischt e genauen Timing gesinn.

Mee et ass kloer: Dat doten - dat ganz Konzept mat deene siwen Elementer, mat ënner anerem och dem Contournement - ass extreem wichteg, wa mer d'Nordstad wëllen entlaaschte vum Verkéier, mee hir och eng Perspektiv wëlle bidden, sougutt fir d'Bevölkerung wéi och ekonomesch gesinn. D'Regierung ass ganz kloer bereet, dat ze maachen.

Ech wäert och nach an der nächster Zäit eng Kéier an d'Budgetkontrollkommission musse goe weinst der Gare Ettelbréck, do hu mer och nach Saachen, déi mer zousätzlech wëlle maachen. Do si jo schonn Aarbechten amgaang. Also, et muss ee jo gesinn, datt dee ganzen Émbau vun der Gare Ettelbréck an och vun der N7, déi jo do an de Buedem geluecht gëtt, jo och schonn en Deel vun deem ganz Konzept sinn. Wéi gesot, de Wëllen ass do dofir! An ech si perséinlech iwwerzeegt, datt dee ganze Projet eng immens Chance ass fir d'Nordstad.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bausch.

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 292 vum Här André Bauler un d'Gesondheitsministesch iwwer méiglech Retarde bei chirurgischen Interventiounen an Traitementen weinst der Covid-19-Pandemie. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**- Question n° 292 du 8 février 2022 de M. André Bauler relative à d'éventuels retards en matière d'interventions chirurgicales et de traitements dus aux conséquences de la pandémie, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

**M. André Bauler (DP)** | Merci, Här President. Duerch d'Pandemie hunn zanter Mëtt 2020 eng ganz Rei vun Operatiounen an Traitementen an de Kliniken, déi net onbedéngt esou dréngend waren, no hanne misse

geréckelt ginn, sief et, well et u Personal gefeelt huet oder well eeben d'Intensivstationen mat Momenter ze staark beluecht waren an dowéinst eng Reserv nach huet misse geséichert ginn.

Nach am Hierscht d'lescht Joer - 2021 also - hunn Operatiounen missen nach e puermol no hanne verréckelt ginn. Et ass kloer, datt eng Rei Patienten, déi zum Beispill Kriibs hunn an hu missen operéiert ginn, duerch déi ufalend Waardezäiten Angscht haten a sech gefillt hunn, wéi wa se op gliddege Kuele séizen.

Duerfir meng Froen un d'Madam Gesondheitsministesch: Wéi ass de Moment d'Situatioun an eise Kliniken? Ass et eventuell méiglech, fir de Réckstand bei de chirurgischen an aneren Interventiounen ze quantifizéieren? Huet d'Situatioun sech am Verglach zu 2021 an 2020 verbessert? A wat fir engem Mooss hunn d'Kliniken ënnereneen zesumme geschafft, fir eventuell dese Réckstand kënnen opzeschaffen, andeems déi eng déi aner punktuell entlaascht huet?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bauler. D'Madam Gesondheitsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President. An och merci fir dës Fro. Et ass eppes, wat eis vill beschäftegt, wat eis vill Suerge mécht déi ganz Pandemie iwwer. Ech géif dofir och gären eng Kéier virop ënnersträichen, institutionell gesinn, dass eis véier Akutspideeler, déi Enormes leeschten an dëser Kris, vum Prinzip hier privatrechtlech gefouert sinn an deemno eng Autonomie an hirer Gestioung hunn.

Déi Zesummenaarbecht, déi mer hunn am Kontext vun der Kris, ass op fräiwëlleger Basis, wou si sech ganz vill engagéieren a mat eis zesummeschaffen. Mee de Prinzip ass hei zu Lëtzebuerg, dass och d'Spidolsmedezinn privatrechtlech ass - souguer an den Etablissement-publiken. Dat ass den ausdréckleche Wunsch vun dësem Haus gewiescht säit de 70er-Joren.

De Kader fir hir Gestioung ass fixéiert duerch d'Spidolsgesetz an d'Autorisation de service, déi dann doropshin erdeelt gëtt. Deemno huet och de Gesondheitsministère keen direkten Afloss dorobber, wéi déi verschidde Spideeler hir Aktivitéiten organiséieren. Dat, wat mer hunn, ass de reegelméisseg Echange mat hinnen an eng Rei Informatiounen. Mee et ass net, wéi wann et Verwaltungen vun ons wäeren, wou ech Iech kéint konkret Zuele liwweren.

D'Cellule de crise vun de Spideeler an d'Spideeler an d'FHL, zesumme mam Consensus aux hôpitaux - déi sinn do dranner vertrueden - maachen all Woch de Point iwwer d'Situatioun. Dat ass déi ganz Kris iwwer schonn esou, dëst am Zesummenhang mat Covid. A si berode sech och doriwwer, a wat fir enger Phas vum Plan de montée en charge mer sinn.

Dir wësst, dass mer dee Plan de montée en charge hu säit Ufank der Kris, wou e Konsensus fonnt ginn ass, ab wéi enger Beleeung een a wéi eng Phas eriwuergeet. Dat ass och deels mat finanzielle Supplemente verknäpp. Doriwwer gëtt sech ëmmer beroden. Dat ass net eng reng mathematesch Rechnung. Mir observéieren datt ëmmer iwwer eng, zwou Wochen an da gëtt gemeinsam festgehalen, wann e Changement de phase ass. Dat gëtt dann an der Cellule de crise definéiert.

Zurzeit befanne mer eis an deene véier Akuthäuser an der Phas 3 vum Plan de montée en charge. Deemno sinn effektiv am Moment Deprogrammatiounen vun net urgenten Interventiounen méiglech. Et gëllt awer ze ënnersträichen, datt eng Deprogrammatioun just fir net urgent Interventiounen gemaach gëtt. Urgent Interventiounen sinn net verréckelt ginn, fir kengem

Patient seng Chancen an iergendenger Weis ze kompromettéieren.

Da géif ech och gären ënnersträichen, dass de Conseil scientifique Richtlinnen/Recommandatiounen ausgeschafft huet fir de Fall, wou esou eppes néideg wier. Dat ass awer am Moment net de Fall. Laut eisen Informatiounen ass et aktuell och esou, dass keng grouss Réckstänn vun net urgenten Interventiounen gi sinn.

Wéi an där urgenter parlamentarescher Ufro Nummer 5625 rezent erkläert gouf, war eng spezifesch Situatioun d'lescht Woch am CHEM. Dës war awer net op eng héich Unzuel spezifesch vu Covidpatienten zréckzeféieren, mee villméi op, engersäits, eng Rei Clustere mat infektiöse Patienten an och punktueller Personal-mangel, deen awer bedéngt war, wéi mer et och op anere Plaze kennen, duerch Isolementer, Quarantänen a Congés pour raisons familiales, déi zesummegefall sinn.

Dat ass eppes, wat mer vill héiere vun de Spideeler, och dat laascht do op der Organisatioun, dat därerf een net aus den Ae verléieren, an dat huet heiansdo och zu Ofsoe geféiert.

Ech hunn och bei deem leschten Echange, deen ech mat de Spideeler hat, gesot kritt, dass d'Leit dat net ëmmer verstinn. Dat ass och ermiddend iwwer eng ganz Zäit. Mee dat ass eng Situatioun, déi och an de Spideeler net ausbleift, dass eebe weinst Personal-mangel Rendez-vousen mussen ofgesot ginn oder verluecht ginn. Wéi gesot, fir urgent Saachen, do ass eisen Informatiounen no am Moment keng Problematik, dass esou eppes misst ofgesot ginn.

De Plan de montée en charge war 2020 schonn en place an och 2021, am selwechte Mooss, dëst an Zesummenaarbecht tëscht de Spideeler. En huet ganz gutt fonctionéiert. An dëse Plang gesäit och effektiv vir, dass Verschiebung kënne sinn, jee no Phas. Wa bei engem Spidol elo schonn de Seuil erreecht ass fir e Switch vun enger Phas, an an anere Spideeler nach net, da ginn d'Patienten transferéiert oder schonn am Ufank - do schaffe se och enk mam CGDIS zesummen - eventuell direkt an en anert Spidol gefouert, wou de Seuil nach net esou wäit erop ass. Dat leeft, dat ass an de leschte Wochen awer ganz begrenzt gewiescht, hu mer gesot kritt, dat eeben och, well am Moment generell manner Hospitalisatiounen vu covidpositive Leit ze verzechnen sinn.

D'Zuel vun de Coronainfizéierten, déi weinst anere Pathologien am Spidol leien, ass am Moment natierlech och relativ héich an dofir fällt nach ëmmer vill personellen Opwand un. D'Situatioun ass stabiliséiert, kann ee soen. Richteg entspaant ass se net, se ass stabiliséiert a mir hoffen, dass dat sech an deenen nächste Wochen a Méint elo erëm normaliséiert.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Gesondheitsministesch. Domat wiere mer um Enn vun der Heur de questions ukomm.

## 7. Ordre du jour (suite)

Mir kéimen dann zur Fro Nummer 5454. Dat war eng Fro, wou den Délai de réponse dépasséiert ginn ass. An da géif ech der Madamm Martine Hansen d'Wuert ginn.

## 8. Question écrite n° 5454 de Mme Martine Hansen relative au taux de vaccination des professionnels de la santé

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Merci, Här President. Ech hunn zwar mëttlerweil eng schrëftlech Äntwert



kritt, mee déi schréfftlech Äntwert ass just keng Äntwert op meng Fro. Duerfir stellen ech d'Fro nach eng Kéier.

D'Regierung huet u sech eng sektoriell Impfflicht an Aussicht gestallt an an deem Kontext hat ech follgend Froen: Huet d'Regierung aktuell Zuelen zum Taux de vaccination beim Personal am Gesondheets-a Fleegeberäich? Wann neen, ass et net méiglech, duerch déi Leit, déi sech jo nach net impfe gelooss hunn - déi musse sech jo teste loossen - den Impftaux anzeschätzen? A ginn et Ënnerscheeder tëscht den eenzelne Gruppen an Haiser?

Ech krut just geäntwert, do kéim iergendwann elo eng Kéier en Dokument opgrond vun där Motioun eraus, déi d'Majoritéit ofstëmme gelooss huet am Kader vun der Impfflicht. Mee dat ass awer keng Äntwert op meng Fro an ech hätt gären eng Äntwert op meng Fro. Merci, Här President.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Hansen. An d'Wuert kritt d'Madamm Gesondheetsministesch, d'Madamm Paulette Lenert.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Jo, a wéi engem Modell si mer elo, Här President?

**M. Fernand Etgen, Président** | Mir sinn an deem Modell, wou mer eng Fro hunn, wou den Delai de réponse dépasséiert ass, an dann d'äerf de Froesteller dës Fro an der éischter öffentlecher Sëtzung stellen.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Also d'Fro ass schréfftlech beäntwert. Déi ass elo erakomm, eier d'Heure de questions eriwuer war. Ech kann awer gären op Är Fro agoen. Mir sinn effektiv amgaangen, dat opzerebereeden, wat mer vun Zuelematerial hunn.

Zu Är Fro, ob ee kann opgrond vun den Tester Schätzung maachen: Dat konnt een an enger vieregter Phas maachen, do hu mer och schon emol esou Froe beäntwert. Elo säit enger Zäit affichéiert de Code jo gréng, dat heescht, et si wéineg Tester sur place. Do hu mer keng fiabel Zuelen.

Generell ass et och schwierig mat den Zuelen. Mir sinn amgaangen, dat iergendwéi esou gutt et geet zesummenstellen, mee et feelen natierlech déi Leit, déi am Ausland geimpft gi sinn, wat am Gesondheets-a Fleege-sektour e groussen Impakt huet. Mir hunn ëmmer nëmmen eis Donnéeën, déi mer kënnen ginn. Dat wäert net 100 % zefriddestellend sinn, wat mer do wäerte liwwere kënnen.

Wéi gesot, bei der Motioun ass et jo dréms gaangen, effektiv dat doten Zuelematerial zesummenzeschreiwen. An do kritt Der dat, wat mer zousätzlech hunn zu deem, wat mir do disponibel hunn, gäre geliiwert, mee mir hu keng Vue op ...

Ech géif och nach dat ënnersträichen, wat ech elo just gesot hunn: Ech mengen, déi Haiser si privat geféiert, souwuel am Gesondheetssektour wéi och am Fleege-sektour. Mir hu keng zentral Donnéeën iwwert d'Testen, déi sur place gemaach ginn. Mir hu vill zentral Donnéeën an dëser Kris, d'ailleurs weesentlech méi wéi aner Länner, wann Der dat vergläicht, mee déi dote kënnen mer esou net liwweren.

Mir sinn natierlech selwer extreem dorunner interesséiert, dat esou gutt wéi méiglech zesummenzekeréien, a mir sinn och amgaangen, dat ze maachen, fir där Motioun gerecht ginn ze kënnen, déi hei an der Chamber zrëckbehalte ginn ass.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Här President.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Ministesch. Mir sinn an engem Zenario dran, wou am Fong geholl keng Fro méi no der Äntwert d'äerf gestallt ginn!

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Ech wëll just soen, ech schwätzen net zur Motioun, mee ech hunn eng Fro an ech hunn nach ëmmer keng Äntwert op d'Fro. An ech hunn déi Fro awer de 4. Januar gestallt an ech mengen, wann een de 4. Januar probéiert gehat hätt, se ze beäntweren, da wär elo eng Äntwert do. Ech stelle se dann nach eng Kéier.

**M. Fernand Etgen, Président** | D'Madamm Ministesch nach eng Kéier.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Jo, Här President, ech wëll just ënnersträichen, well dat vläicht net jidderengem bewosst ass: Mir loosse déi Froen do net leien, fir am leschte Moment Äntweren ze ginn. Dat dote si Saachen, déi eis selwer extreem interesséieren, genau sou vill wéi Iech. An ech kann Iech garantéieren, dass eis Leit do intensiv drop schaffen, esouguer onofhängeg dovunner, ob hei eng Fro gestallt gi wär oder net. Mir liwweren Iech dat, wat mer kënnen, an deenen Delaien, wou et machbar ass.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Gesondheetsministesch. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

## 9. Heure d'actualité du groupe politique DP sur le rôle de l'OTAN dans la crise actuelle avec la Russie

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert de Rôle vun der NATO an der aktueller Kris mat Russland, déi vun der DP-Fraktioun ugefrot ginn ass. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Gusty Graas als Vertrieeder vun der DP-Fraktioun. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**M. Gusty Graas (DP)** | Merci, Här President. Am Abrëll 1949 gouf vun zwielef Länner d'NATO gegrënnt. Dorënner war och Lëtzebuerg. Haut zielt d'NATO 30 Memberstaaten. De leschte Staat, deen der NATO bäigetruewen ass, dat ass Nordmazedonien. Dat war am Joer 2020.

Et muss een hei direkt emol ënnersträichen, dat d'NATO eng Verdeedegungsgemeinschaft ass an net eng Gemeinschaft, déi als primäart Zil huet, Kricher offensiv ze féieren. Just wann all diplomatesch Efforten echouéieren, dann ass ze verstoen, dat vläicht aner Interventiounen kommen.

Ech muss natierlech direkt an deem Kontext hei op den Artikel 5 vun dem Ofkommen vu Washington hiweisen, wou ganz kloer drasteet, dat, wann e Memberstaat militäresch attackéiert gëtt, et dann eng Verflichtung vun der NATO ass, fir deem Staat dann déi néideg Sécherheet ze garantéieren an en och hëllefen ze verdeedegen. Natierlech muss dat alles op Basis vum Artikel 51 vun de Vereenten Natiounen legitim iwwert d'Bün goen.

Ech mengen, no dem Kale Krich an der Opléisung vun der Sowjetunioun gouf 1997 dunn och de Grënnungs-akt zwëschen der NATO a Russland ënnerschriwwen an den 28. Mee 2002 gouf jo dunn och den NATO-Russland-Conseil agesat. Dee gouf awer schon am August 2008 suspendéiert, eeben och wéinst der Kris a Georgien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Woche gouf et jo - leider, muss ee soen - erëm gréisser Spannung mat Russland. Dat ass u sech awer keen neie Phenomeen. Wa mer déi lescht Joerzénge e besse Revue passéiere loosse, da fënnt ee ganz séier eraus, dat et ëmmer erëm nei Evenementer gouf, déi

dozou gefouert hunn. Ech wëll zum Beispill hei un de Mäerz 2014 erënnere, wéi Russland d'Krim illegal annexéiert huet.

Da muss een och soen, dat natierlech d'Kooperatioun zwëschen Russland an der NATO dorënner gelidden huet an dat se och dee Moment erëm suspendéiert gouf. Zwar huet d'Kooperatioun ëmmer erëm funktionéiert, mee awer net esou, wéi dat soll sinn.

Da muss een och feststellen, wann een e bëssen zrëckkuckt, dat Russland an deene leschte Joren eng Rei Valeuren, déi fir eis wichteg sinn, violéiert huet. Ech ginn zum Beispill op de Conseil de partenariat euro-atlantique vun 1997 an, wou Russland och net ëmmer d'Reegele respektéiert huet, den Acte fondateur Russland-NATO an och d'Deklaratioun vu Roum vun 2002.

Et kumt dann esou wäit, dat am Oktober 2021 d'NATO souguer aacht Leit vum russesche Geheimdénkscht hir Accreditation entzunn huet, a si hunn dunn och d'Zuel vun de russeschen Diplomate reduzéiert. Natierlech huet Russland dunn och reagéiert a gefrot, dat zu Moskau den Informationsbüro vun der NATO zougemach soll ginn.

Et sinn och eng Rei aner Ursachen, déi derzou bäigedroen hunn, dat d'Relatioun zwëschen der NATO a Russland an deene leschte Méint respektiv Jore sech alles anescht wéi verbessert huet. Ech verweisen hei zum Beispill op de Rôle vu Russland a Syrien, d'Verletzung vum Vertrag iwwert d'Mittelstreckrakéiten am Dezember 2018 oder den Netrespekt vun den Ofmaachunge vum Traité „Open Skies“ am Juni 2021.

Et ass awer net nëmmen d'Situatioun um Niveau vun der Ukrain, op déi ech selbstverständlech nach kuerz wäert hei zrëckkommen, déi fir Spannungen suert, mee et muss een och nach op Georgien oder Moldawien hiweisen, Stéchwierder: Südosetien oder Transnistrien. Dat huet natierlech och derzou bäigedroen, dat d'Stabilitéit an der euroatlantescher Zon méi fragil ginn ass.

Eng Affär, déi zënter Joren, kann ee soen, och ëmmer erëm op d'Tapéit kënn, dat ass d'Affär vum Alexei Nawalny. Ech wëll drop hiweisen, dat dat net méi spët wéi d'lescht Woch och an der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe een Haapttheema war. Iwwerengens ass och d'Memberschaft vu Russland am Conseil de l'Europe an deene leschte Joren ëmmer erëm a Fro gestallt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn natierlech virun allem déi Menacen, déi an deene leschte Méint vu Russland géint d'Ukraine ausgeschwat goufen, déi eis elo de Moment ganz vill beschäftegen. Et kann ee roueg soen, dat et an deene leschten 20 Joer am Fong geholl nach ni zu esou enger, dach, Eskalatioun an der Relatioun zwëschen der NATO a Russland komm ass wéi bei dësem Theema.

Natierlech ass et net richteg, fir elo ze vill a Panik ze verfallen, an awer muss een d'Situatioun eescht huelen an d'Experte gi jo awer dervun aus, dat eng Interventioun vu Russland an der Ukrain nach ëmmer net auszuschléissen ass.

Et d'äerf een net vergiessen, dat d'Russen elo zousätzlech Truppe ronderëm d'ukrainesch Grenz stationéiert hunn. Ech verweisen hei op den amerikanesche Geheimdénkscht, deen net méi spët wéi virgëscht gesot huet, de Moment géif een bei 100.000 bis 110.000 Zaldote leien, dat géif 70 % vum Dispositiv ausmaachen, deen néideg wär, fir eng Attack an der Ukrain ze lancéieren. Da sinn och eng Rei militäresch Übungen vun de Russe laanscht den NATO-Memberstaaten hire Grenzen, déi engem natierlech och ze denke ginn, a virun allem och d'Verletzung



vum Loftraum vun der Allianz duerch russesch Fligere.

Sécher hunn déi aggressiv Aktiounen vun de Russen och derzou bäigedroen, datt d'Sécherheitsuordnung an Europa muss iwwerduecht ginn. D'NATO an de Westen hu selbstverständlech reagéiert - zu Recht -, sief dat duerch Waffeliwwerungen an d'Ukrain, sief dat awer och, datt Groussbritannien zum Beispill elo säi Kontingent an der Regioun erhéicht huet, Schweden d'Truppen op senger Insel Gotland elo verstärkt huet an och d'USA jo 3.000 zousätzlech Zaldoten an Europa geschéckt hunn.

Et muss een och drop hiweisen, datt natierlech zwéischent der Ukrain an der NATO zënter 1990 schonn eng Rei Relatiounen bestinn. D'Allianz huet sech ëmmer fir eng onofhängeg a stabil Ukrain ausgeschwat, an zu Bukarest gouf souguer 2008 decidéiert, fir eng eventuell Memberschaft vun der Ukrain an der NATO ze examinéieren.

Natierlech koun awer och elo kloer zum Ausdrock, datt, wann et zu enger russescher Attack kéim, dann awer och Konsequenzen op Russland duerkéimen. Et hunn natierlech elo an deene leschte Wochen a Méint eng Rei Gespréicher op allerhéchstem Niveau stattfonnt. Dat ass och ganz richteg an ech wëll dat hei ënnersträichen! Fir dee ganze Konflikt ze schwächen, ass et virun allem ee Kanal, deen och an Zukunft nach ëmmer muss gefleegt ginn, an dat ass dee vun der Diplomatie!

**Une voix** | Très bien!

**M. Gusty Graas (DP)** | An ech mengen, och meng Partei seet dat ganz kloer, mir sinn der Meenung, datt all d'Méiglechkeete mussen ausgenotzt ginn, fir do ze intervenéieren. An dach muss een awer soen, datt bis elo d'Situatioun sech an deem Sënn nach net ofgeschwächt huet. Och wa gëschter de franséische President, den Här Macron, beim Här Putin war an do jo anscheinend gewëssen Ouverture da gemaach goufen, muss een awer trotzdem nach ëmmer vorsiichteg sinn.

Ech wëll och hei an deem Kontext op d'Minsker Accordes vum 15. Februar 2015 hiweisen, déi jo u sech deemools e bësselchen d'Léisung waren, fir de Konflikt ze entschärfen. Mee och déi sinn net agehale ginn. An d'Fro ass och elo erlaabt, ob net am Fong geholl déi Minsker Accorden do iwwerschafft misste ginn.

Wann een natierlech d'Politik vu Russland elo hei analyséiert, da muss een dat och e bëssen aus engem historisches Bléck gesinn. Natierlech war Russland fréier en imposant Zerräich, dat no der Revolutioun vun 1917 dunn en Zesummeschluss vu 15 Republiken ginn ass, deen awer 1990 auserneegefall ass, an et ass ze verstoen, datt d'Russen elo net wëllen hunn, datt an deene fréiere Republiken sech elo ëmmer méi westlech Aflëss bemierkbar maachen, virun allem awer och, datt d'NATO sech do méi engagéiert.

Ech muss awer soen, ech hunn et awer relativ erstaunlech fonnt, datt Russland hei op eemol gär eng schréfflech Zousou vun der NATO hätt, fir datt do keng weider Initiative géife geholl ginn, fir eng fréier Sowjetrepublik an d'NATO eranzekréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat bedeit dann elo déi ganz Kris hei fir d'Zukunft vun der NATO? Brauche mer eng méi staark NATO an Zukunft? Ech mengen, dat si Froen, déi hei musse gestallt ginn. Eng Fro, déi zousätzlech muss gestallt ginn, ass: Wéi ass d'Relatioun ze gesinn zwéischent der NATO an der Europäescher Unioun? Brauch d'Europäesch Unioun eng Arméi? Muss se méi enk zesummeschaffe mat der NATO?

Ech mengen, d'franséisch Presidence wäert jo do elo kënne eng Rei Äntwerte ginn. Den Här Macron huet sech jo an deem Sënn schonn e puermol geäussert, wat zwar e bëssen - wéi soll ech soen - awer liicht erstaunlech ass, well grad Frankräich 1954 d'Ursaach war, firwat keng europäesch Arméi geschafe ginn ass.

Wat awer och wichteg ass: Mir brauchen och eng staark Relatioun mat den USA. Europa ass op eng transatlantesch Relatioun ugewisen.

An da si mer natierlech ganz séier och beim Finanzement vun der NATO. Ech mengen, den Här Trump huet ëmmer geschwat vun enger obsoleeter NATO. Den Här Macron huet emol eng Kéier gesot, se wier gehierdout.

Wat wichteg ass, dat ass, datt een hir awer muss och déi finanziell Moyene ginn. Mir Lëtzebuerger stinn do mat 0,7 % vum PIB net onbedéngt schrecklech gutt do. Et sinn also ouni Zweifel och do nach gewëssen Efforten ze maachen.

Da stellt sech natierlech och déi weesentlech Fro vun der Erweiterung vun der NATO. Ech mengen, et ass ganz kloer, datt, wann elo géif e Schrëtt a Richtung Ukrain gemaach ginn, dat eng zousätzlech Provokatioun fir Russland wier, deem si mer eis och bewusst. Ech wëll awer drop hiweisen, datt zum Beispill den Här Andrij Jermak, dat ass den Haaptconseiller vum President Selenskyj, an engem „Figaro“-Interview vum 13. Januar gesot huet: « Nous avons pris la direction de l'Alliance atlantique et nous méritons d'y entrer. » Dat ass also eng ganz kloer Ausso: D'Ukrain wëllt an d'NATO kommen!

Da muss een awer och drop hiweisen, datt d'Schlussakte vun Helsinki vun 1975 respektiv d'Paräisser Charta vun 1990 deemools ganz kloer festgehalen hunn, datt all Land eng Souveränitéit huet an datt all Land och kann decidéieren, wat fir engem Bündnis et wëllt bäitrieden.

Déi ganz Diskussioun bréngt natierlech mat sech, datt aner Länner sech och Gedanke maachen, fir eventuell e Bäitritt an d'NATO ze envisagéieren. Ech schwätzen zum Beispill hei vu Finnland, wat jo de Moment net Member vun der NATO ass. Mee de President, den Här Sauli Niinistö, huet elo an engem „Zeit“-Interview den 20. Januar gesot, datt hie sech awer kéint virstellen, datt och säi Land géif an d'NATO kommen. A mir wësse jo, datt dat eng Verstärkung vun der Ostflank géif bedeuten an datt dat zousätzlech och nach géif Spannunge mat sech bréngen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'NATO schafft jo de Moment an engem neie strateegesche Konzept. Dat lescht staamt aus dem Joer 2010. Ech mengen, et ass eng ganz wichteg Entwécklung, déi do amgang ass. Do si wichteg Reflexiounen, déi gemaach ginn, an ech mengen, datt och eng Lëtzebuerger Regierung respektiv eng Lëtzebuerger Chamber soll do un dee Prozess do an Zukunft méi associéiert ginn.

Ofschléissend ass op alle Fall hei ze soen, an ech mengen, et ass fir mech a meng Partei ganz kloer: Mir brauchen eng staark NATO! Grad des Krisis beweist dat. Mir wëllen natierlech net erëm a Richtung vun engem neie Kale Krich goen, mee d'NATO ass ouni Zweifel de Garant fir Friden an Europa! An ech woe souguer hei ze behaapten, wa virum Zweete Weltkrich esou eng Gemeinschaft bestanen hätt, da weess een net, ob deen Zweete Weltkrich mat deene katastrophale Konsequenze géendegt hätt, wéi dat nun eemol d'Tatsaach war. Jiddefalls beweist des Kris, datt mer op deem Niveau nach méi no beienee musse réckelen.

An an deem Sënn soen ech Iech och Merci fir d'Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Graas.

An éischten ageschriwwene Riedner ass den honorebelen Här Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Jean-Marie Halsdorf (CSV)** | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischst wollt ech dem Gusty Graas Merci soen, dass en effektiv d'Initiativ geholl huet, fir haut eng Heure d'actualité ze maachen, well an der d'Ukrain-Kris, do steet d'NATO am Fokus. Mee ech mengen och, Här Minister, dass et déi gréissten Erausforderung vun der transatlantescher Allianz zënter Joren ass, vläicht souguer zënter Joerzéngten.

Ech kann et och esou soen: D'Ukrain, déi kuckt no Westeuropa, no engem westleche Gesellschaftsmodell, a se ass an enger konflikтуeller Situatioun mat Russland, well Russland dëst Land nach ëmmer als säi Virgäertchen ugesäit. An d'NATO, dat ass gewosst, ass eng Wäertergemeinschaft. Déi Wäerter si mat engem Solidaritéitsgedanke verknäppt. Den Artikel 5 gëtt jo deene Staaten Garantien, déi aggresséiert ginn, wann hir Fräiheet bedroht ass.

D'Initiativ, d'NATO ze grënnen, den Här Graas huet dat elo grad ugeschwat, 1949, déi war och de Garant fir Friden a Wäerter an der westlecher Welt par rapport zum Rescht vun der Welt, well deemools war et praktesch eng bilateral Welt: de Weste géint Russland. An nom Mauerfall, dat wëll ech och emol hei eng Kéier soen, si souguer Zäite komm, wou d'Existenz vun der NATO hannerfrot ginn ass! An och 2002, wéi den NATO-Conseil geschafe gouf, wou d'Zesummenaarbecht an d'Sécherheet um Programm stoungen, si Froen opkomm. An effektiv, den Här Graas huet dat och gesot, déi intern Diskussiounen iwwer eng nei Ausrichtung, en neit strateegesch Konzept 2010, dat war e Schrëtt, do hat d'Madamm Albright de Lead. An deemools ass gesot ginn, d'Sécherheet soll weider e Schlëselement sinn, mee et gouf och festgehalen, datt d'NATO hir Objektivtëit nëmme erreeche kéint duerch en dynameschen Engagement mat Länner, déi net an der NATO sinn. An dat huet zu neie Polariséierungen, zu neien Allianzen an am Fong och zu méi Länner, déi an d'Allianz komm sinn, gefouert.

An dat huet Repercussiounen, an ech mengen, d'Ukrain-Kris ass eng dovun. Mir stellen eis all d'Fro: Wéi soll et weidergoen a wat ass d'Roll vun der NATO?

Fakt ass: D'Staaten an Osteuropa kucken d'NATO duerch hire Brëll an dësen huet aner Detailen wéi déi klassesch westeuropäesch Länner. An d'NATO ass de Garant, dat ass kloer, fir Rechtsstaat, Mënscherechter, Fräiheet, Friden a Sécherheet. Et ass e Fundament vun der Opklärung an net vun der Ennerdrückung vum Mënsch. Russland a China gesinn dat natierlech anescht. Si beruffe sech ëmmer op d'Souveränitéit, fir international Spillregelen net onbedéngt mussen anzehalen. Fir si sinn hir Souveränitéit, Sécherheet an Interessen den Haaptmotto, géif ech bal soen.

An d'Osterweiterung vun der NATO weist justement de Leit dohannen, wéi gutt et am Fong geholl am Westen ass. An duerfir hu mer déi ganz Situatioun. A wat den Här Graas och gesot huet, 2008 huet d'Ukrain eng NATO-Memberschaft an Aussicht gestallt kritt. A mir wëssen, och Georgien a Weißrussland sinn zwee aner Länner, déi en änlechen Draam dremen. An d'Russen op där anerer Säit soen: „Dat geet net, d'NATO muss aus deenen Ostbündnis-Staaten do erausgoen.“ Der



gesitt also, et ass vill Hin an Hier an d'politesch Reaktiounen sinn och ganz divergent a ganz problematesch.

D'NATO seet duerch hire Generalsekretär, si wiere solidäresch mat de Länner, mat de Leit. An d'Pole beruffe sech och op den Artikel 5 vum NATO-Vertrag a wëllen Hëllef beim Problem vun den Dausende Migranten aus Wäissrussland. Do braut sech effektiv eppes zesummen. An ech stelle mer wierklech d'Fro, ob d'NATO, esou, wéi se haut opgestallt ass, och politesch, deenen Erausforderungen iwwerhaapt Rechnung kann droen. Well mir hätte jo all gär, dass d'NATO eng féierend Roll soll spillen, politesch a militäresch, mee se ass nach iergendwéi an enger Identitéitskris. An Europa, dat ass ganz kloer, muss sech militäresch emanzipéieren.

An do wëll ech grad justement zrëckkucken op en Aarbechtsgrupp, deen den NATO-Generalsekretär an d'Liewe geruff huet an deem am Dezember 2020 Analysen a Suggestiounen gemaach huet iwwer NATO 2030. An do sti Saachen dran, wou ech mer Froe stellen. Ech liesen der e puer vir.

Dat transatlantescht Bündnis muss sech stärken. Ok.

Déi politesch Dimensioun vun der NATO muss ugepasst ginn, fir d'Funktionsfäegkeet ze halen an och d'Relevanz vun all Memberstaat ze garantéieren. An der Rei.

Dat strateegesch Konzept vun 2010 muss aktualiséiert ginn an deenen neie strateegesche Realitéiten ugepasst ginn.

Ofschreckung an Dialog mat Russland solle weider gëllen. Rüstungskontroll a Risikoreduzierung solle verhandelt ginn an et soll och iwwer e Wee vun engem Mateneen am Friden diskutéiert ginn. Alles ok.

En aneren: D'NATO soll eng zentral koordinéierend Institutioun gi beim Austausch vun Informatiounen an alle Beräicher, wou déi nei disruptiv Technologien, d'EDTen, eng Roll an der Sécherheet spillen. Ok.

Mee da kommen zwou Saachen, do maachen ech mer Gedanken, Här Ausseminister. Do gëtt gesot: „Die Verbündeten sollten sich bemühen, dafür zu sorgen, dass ihre nationale Politik der Linie der von der NATO entwickelten Politik folgt.“ Dat ass eng Ausso, déi ass net schlecht.

An déi hannendrun ass grad esou: „Die NATO und die EU sollten sich bemühen, Vertrauen und Verständnis auf höchster Ebene neu zu beleben.“ Do stellen ech mer och eng Fro.

An da kënn hannendrun: „Die Politik der offenen Tür der NATO sollte weiterverfolgt und neu belebt werden. Die NATO sollte die Partnerschaften mit der Ukraine und mit Georgien ausweiten und stärken, versuchen, das Engagement mit Bosnien und Herzegowina zu erhöhen und der Destabilisierung im Westlichen Balkan entgegenzutreten.“

Et sinn also ganz vill Hausaufgaben. A Fakt ass, dass mer haut schon eng Zesummenaarbecht vu Länner hunn an der EU iwwer Pooling and Sharing, an der NATO iwwer Smart Defense. Mee et si keng Prioritéiten do. Déi militäresch Ressourcë misste besser genotzt ginn. Et ass vill Potenzial do an et misst och méi Geld an d'NATO gestach ginn, fir dass se méi performant gëtt. An et ass kloer, déi europäesch Arméi ass fir mech eng Iddi, déi nach ëmmer muss realiséiert ginn. Well mir brauchen op eisem europäesche Kontinent en EU-Bündnis, dat funktionéiert, dat staark ass nieft der NATO, mat der NATO an och iwwert d'NATO. Esou kréie mer eng nei Fräiheet an eng nei Stabilitéit hei an Europa.

A fir mech kann Europa nëmme mat der NATO, géif ech bal soen, wou kloer strateegesch a militäresch Virgabe sinn, liewen. An an der Ukrain-Kris brauche mer am Fong geholl e politesch a militärescht Bündnis mat militärescher Solidaritéit mat Mëttel- an Osteuropa, soss geet et net. A mer müssen déi Suggestiounen - liest dat no! - vun 2030 onbedéngt a Rechnung huelen, well soss geet et schief.

Zum Schluss wollt ech soen, Här President: Wann et d'NATO net géif ginn, da misst et haut iergendwéi e Gremium ginn, deen d'selwecht géif funktionéieren, well mir brauchen eng NATO, déi nei denkt, déi fit ass, déi déi geopolitesch Landschaft a virun allem d'Interesse vun eise Bierger an de Mëttelpunkt stellt, soss komme mer net weider.

Wa mer eis gutt uleeën, mengen ech, kréie mer méi an net manner Sécherheet. A mir müssen alles drusetzen, ganz éierlech, dass mer nëmme kee Krich kréien. Dat ass am Fong geholl den A an O. D'Diplomatie muss hei sech esou asetzen, dass dat net geschitt. An iwwerhaapt, géif ech soen, ass Lëtzebuerg och duerch seng Sécherheits- an Aussepolitik gefrot, vläicht méi wéi op anere Plazen.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Halsdorf. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Lydia Mutsch (LSAP)** | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat sinn d'Originne vum Ukrain-Konflikt? Kann d'NATO zur Léisung vun deem Konflikt bäidroen? A wéi kann e Krich verhënnert ginn?

Dem Gusty Graas e ganz grouse Merci fir dës Heure d'actualité, déi eis d'Geleeënheet gëtt, fir iwwert déi wichteg Froen ze debattéieren.

Bei där aktueller Kris gëtt et en Déja-vu. D'Annexioun vun der Krim hu mer nach net verdaut an esou wéi deemools leien d'Léisungen net prett um Dësch. Tatsach ass, dass hei e souveräne Staat, flächeméisseg dat zweetgréisst Land um europäesche Kontinent hanner Russland, a senger territorialer Integritéit op en Neits menacéiert ass. Mat iwwer 100.000 russeschen Zaldoten, déi un hire Grenze stationéiert sinn, a mat där elo scho ganz kritescher Situatioun an den occupéierten Ostregiounen ass déi Gefor gräifbar an akut.

Déi europäesch Staatscheffen telefonéieren een nom anere mam russesche Staatschef. D'Ukrainer froe Waffen. D'Amerikaner schécken Truppen a stocken hir Arméipresenz op. D'NATO ass an héchster Alarmbereitschaft a muss matten an där heikeler Phas och nach en neie Generalsekretär sichen. An d'EU-Partner probéieren, eng gemeinsam Positioun op d'Been ze stellen a sech net auserneendividéieren ze looszen.

Här President, mir duerschliwen am Moment eng global Sécherheitskris, wéi d'Welt der zënter dem Enn vum Kale Krich nach net vill erlieft huet. Mir hunn nees bal wéi fréier zwee Lageren, déi sech géigeniwwer stinn: deen amerikanesch-europäesche Block mat der NATO als verlängerten Aarm an de russesche Block mat engem President, deen de Status vun enger Groussmuecht nees ustriift an alles drusetzt, fir säin Aflossberäich an Osteuropa auszedeeenen. Stéchwuert: russesch-georgesche Krich 2008 a Krim 2014.

D'Ukrain ass, genee wéi Georgien, e Partner, mee kee Member vun der NATO. Alle béid krute se awer eng zukünfteg Memberschaft an Aussicht gestallt. Nach si se dat awer net, wat konkret bedeit, dass och bei enger Invasioun an der Ukrain de Prinzip vun der

kollektiver Defense laut Artikel 5 net ausgeléist géif ginn.

Fakt ass, Russland empfënnt d'NATO-Osterweiderung als Menace a verlaangt den Ofzuch vun den NATO-Stützpunkter an Osteuropa an den Ofbroch vun de Verhandlungen mat neie Memberen. Fir d'NATO ass dat natierlech en No-Go an et ass och net kompatibel mat hirer Open Door Policy a mat hire Grondprinzipien, dorënner och d'Recht vun all Land op Selbstbestimmung. Keng Sait gëtt no an dofir sinn d'Verhandlungen och elo e bëssen an der Sakgaass.

Wat d'Zukunft vun der NATO ugeet, esou dierf dës Kris d'Errungenschaften vun de leschte Joren net a Fro stellen. Während der Covidkris, bei natierlechen an humanitäre Katastrophe steet d'NATO der Bevëlkerung zur Sait, gëtt logistesche a sanitär Hëllefstellung. Si trëtt a fir d'Verdeedegung vun den demokratesche Grondwäerter, fir den État de droit a fir déi Fräiheet, wéi mir se och hei zu Lëtzebuerg verstinn. A genee dofir fokusséiert se sech op déi demokratesch Resilienz vun hire Partner a vun hire Memberen.

De President vum NATO-Parlament huet an deem Zesammenhang d'Grënnung vun engem Center for Democratic Resilience ugekënnegt, wat mir als LSAP ausdrécklech begrëissen.

Mat der Initiativ NATO 2030 stinn d'NATO-Memberen zesumme méi staark do, gi méi resilient a kënnen Krisen besser bewältigen. Ob dat elo scho bei der Ukrain-Kris hëlleft, woen ech awer ze bezweifelen. Jo, fir dass déi europäesch Partner als eng aussepolitesch Entitéit esecht geholl ginn, mussen mir mat enger Stëmm schwätzen.

Als LSAP si mir fir eng Verdéiung vun der europäescher Integratioun am Verdeedegungs- a Sécherheitsberäich. Eng europäesch Sécherheitsstruktur kéint complementaire zu besteende Strukturen an internationale Bündnisser funktionéieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och wa momentan e Kompromëss respektiv eng friddlech Léisung mat Russland schwéier virstellbar ass, müssen déi demokratesch an déi diplomatesch Kanäl all opbleiwen a genotzt ginn. Den Dialog muss weidergoen, fir zu enger friddlecher Léisung ze kommen. Béid Saiten mussen bereet sinn, Waasser an hire Wäin ze schëdden. Krich ass keng Optioun!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Lydia Mutsch (LSAP)** | All Formater mussen méiglech bleiwen, sief et bilateral Gespréicher oder Konstellatiounen am sougenannten „Normandie-Format“, Diskussiounen an der OSCE oder déi entaméiert Neioplage vum NATO-Russland-Rot.

Iwwerens hat déi Lëtzebuerger Delegatioun am NATO-Parlament am Kader vun hirer Kontributioun zur NATO-2030-Strategie eng Reaktivéierung vum NATO-Russland-Rot gefuerdert. An dofir begrësse mir, dass dës Aarbechten och nees opgehooll goufen.

Et féiert eebe kee Wee derlaanscht, fir sech méi heefeg op Aenhéicht mat Russland ze begéien, sech un e gemeinsamen Dësch ze setzen an d'Eskalatiounsschrauf zesummen zrëckzedréien. Matenee schwätzen an een deem aneren nolauschten ass a bleibt d'Grundlag fir all Léisung, allgemeng, fir déi zukünfteg Sécherheitskooperatioun an och fir den Ukrain-Konflikt.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Mutsch. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.



**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischte wëll ech menger Frëndin, dem Stéphanie Empain, eng ganz gudd Besserung vun dëser Plaz aus wënschen. Ech halen haut fir hat seng Ried.

Da wëll ech mech a puncto Mercien awer och direkt menge Virriedner uschlëssen an dem Här Graas e grouse Merci soen, dass en d'Initiativ fir dës wichteg Heur d'actualité geholl huet. An effektiv ass eleng de Werdegang vun dëser Demande schonn zimmlech aussagekräfig. Dës Demande war eng éischte Kéier am Oktober gestallt ginn. Mee well se net direkt op den Ordre du jour vun der Pleniëre komm ass, huet se duerno zweemol missen ëmformuléiert ginn, well d'Evenementer sech entre-temps iwwerschoen hunn.

Wou am Oktober nach de Schwéierpunkt op d'Stabilitéit vun der Allianz no den Evenementer am Afghanistan geluecht ginn ass, kumt et kuerz drop zu den Spannung mat Belarus, soudass sech d'Fro vun der Roll vun der NATO nach emol an engem ganz anere Licht gestallt huet. Entre-temps si mer mat weideren, ganz besuergneserregenden Entwécklungen op der ukrainescher Grenz konfrontéiert, soudass d'Diskussion nach emol eng weider Dréiung kritt huet.

A wa mir eis haut heizou positionéieren, wéi mir d'Zukunft vun der NATO gesinn, da mussen mer feststellen, dass déi rézent Evolutiounen un der ukrainescher Grenz mat Sécherheet och en Impakt op dës Diskussion hunn. Op jidde Fall si mer iwwerzeugt, dass déi aktuell Situatioun d'Daseinsberechtigung vun der NATO an eise Sécherheitsgefüge däitlech ënnersträicht.

Virun e puer Joer ass d'NATO vum President Macron nach als gehierdout bezechent ginn. An och nom Afghanistan-Debakel stounge ganz vill Froen am Raum, wat d'NATO an hiert Fonctionnement ubelaangt huet.

Dës Evolutiounen hunn och op EU-Niveau d'Diskussionen iwwer eng méi autonom EU-Defense erëm ugekuerbelt, zum Deel och, well bei deem engen oder aneren Zweifelen iwwert d'Zouverlässigkeet vun der NATO opkomm sinn. An dofir ass et gudd, dass mer deen Exercice haut maachen an eis Gedanken iwwert d'Zukunft vun der NATO maachen.

An do si mer dann och ganz schnell bei der Fro vun der NATO-Erweiterung. Déi dach awer gewote russesch Fuerderungen, ënner anerem no Sécherheitsgarantien, dass d'NATO sech net weider Richtung Osten erwidern dierft, hu jo am Fong d'Fro vun der eventueller NATO-Erweiterung iwwerhaupt erëm ugekuerbelt. Et ass och déi aktuell russesch Politik an aggressiv Haltung, déi Länner wéi Finnland oder Schweden elo méi no un d'NATO bréngen, well se sech vu Russland bedrot fillen.

Natierlech ass et wichteg, dass den Dialog mat Russland gesicht gëtt an d'Gespräichskanal oprechterhale ginn. An natierlech dierfen och déi russesch Sécherheitsinteressen net negligéiert ginn. Mee mir müssen awer genausou däitlech maachen, dass och deenen aneren hir Sécherheitsinteresse wichteg sinn, well jiddwer souveräänt Land soll d'Recht hunn, säi Bündnis ze wielen, virausgesinn d'Konditiounen dofir stëmmen.

Virun allem mussen mer haut festhalen, dass et jo och Grënn gëtt, wéisou d'Ukrain haut kee Member vun der NATO ass. Den Haaptgrond heifir ass jo, dass d'NATO-Länner sech duerchaus bewusst sinn, dass et och eng Provokatioun a Richtung Russland géif duerstellen. An trotzdeem steet Russland haut mat wäit iwwer 100.000 Mann un der ukrainescher Grenz an huet bis zu de Blutkonserven, déi erbäibrecht gi sinn, schonn alles en place gesat, wat ee fir e richtige Militärsaz brauch.

Wat un der ukrainescher Grenz en place gesat ginn ass, dat huet absolutt näischt mat Selbstverteidigung ze dinn, mee et ass eng bewossten Aggressioun, déi vu Russland ausgeet. An dorop mussen mer eng Äntwert fannen. An déi Äntwert, dat huet sech awer elo erëm gewisen, ass net op EU-Niveau ze fannen. De Putin wëllt net emol mat der EU schwätzen, well mir vun him net als relevante politeschen Acteur ugesi ginn.

An ausserdeem dierfe mir och net driwwer ewechkucken, dass, wann et eescht gëtt, da virun allem déi osteuropäesch Länner eng staark Tendenz hunn, sech Richtung NATO ze wannen an net Richtung EU.

Déi aktuell Situatioun féiert eis jiddefalls kloer virun Aen, dass mer net laanscht eng NATO kommen. Dat heescht net, dass mer eis Ustrengungen op EU-Niveau, fir eng méi autonom EU-Defense opzebauen, solle fale loossen. Au contraire. D'EU soll méi enk am Defenseberäich zesummeschaffen. Se soll sech och hir Capacitéite ginn, fir an deene Situatiounen kënnen aktiv ze sinn, an deenen d'NATO net wëllt oder net kann aktiv ginn. Mee Zäite wéi déi vun haut weisen, dass mer eng staark Allianz brauchen, déi och op Wäerter baséiert an déi däitlech weist, dass se bereet ass, fir dës Wäerter anzestoen. D'NATO ass nun emol dat beschte Verteidigungsbündnis, dat mer hunn. An et ass aktuell och genee dës NATO, déi duerch hir Presenz an hir kloer Messagen de Präis, dee Russland fir eng militäresch Interventioun misst bezuelen, ganz héich dreift. Dobäi geet et natierlech net drëms, d'Diplomatie ausse vir ze loossen.

Déi däitsch gréng Ausseministesche Annalena Baerbock mécht et do u sech ganz gudd. Si sicht ganz aktiv Gespréicher sur place a setzt ganz vill op déi diplomatesch Efforten. Gläichzäiteg mécht si awer och un der Säit vun der NATO onëmssverständlech kloer, dass d'Souveränitéit vun der Ukrain net verhandelbar ass.

Leider kann een an esou kuerzer Zäit net immens differenzéiert un esou e komplexe Sujet erugeen. Mee wa mer eppes wëllen als Konklusioun festhalen, dann ass et, dass dës Kris d'Daseinsberechtigung vun der NATO ënnersträicht, hir souguer vläicht e kleng Comeback bescheert. Mee wa mir wëllen, dass d'NATO weiderhin hirem Rôle ka gerecht ginn, da müssen d'Alliiéiert sech weiderhi verstärkt un de Konklusiounen aus dem Groupe de réflexion vum November 2020 orientéieren. An do spillt och déi politesch Kohäsion eng wichteg Roll, wa mir dës dissuasive Rôle vun der NATO wëllen héichhalen a wa mir hir wëllen déi néideg Méiglechkeete ginn, fir sech allen Erausforderungen vun haut gläichzäiteg ze stellen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Bernard. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Graas huet d'Initiativ geholl fir déi Diskussion haut. Dofir och vun eiser Säit e grouse Merci, fir deen aktuelle Sujet hei kënnen ze thematiséieren.

Mir bekennen eis als ADR zu der Mitgliedschaft vun eise Land an der NATO. Si betount dobäi besonnesch, datt d'NATO eng Verdeedegungsallianz ass a muss bleiwen.

Fir d'ADR huet d'Sécherheet vun den zentral- an osteuropäesche Memberstaaten vun der NATO, wéi zum Beispill Polen an déi baltesch Staaten, eng héich Prioritéit a kann net a Fro gestallt ginn. Eis Solidaritéit

am Fall vun engem Ugrëff op e Memberstaat vun der westlecher Allianz steet net zur Debatt. Dee selwechte Schutz gëllt awer net fir Staaten, déi net Member an der NATO sinn.

Am Abléck gesi mir eng schwierig an instabil Situation an der Ukrain selwer wéi och u verschiddene vun hire Grenzen. Eis Prioritéit muss dobäi d'Sécherung vum Fridde mat diplomatesche Mëttele sinn. Eng wichteg Roll spillt dobäi niewent anere Staaten an der Ukrain selwer och déi russesch Federatioun. Déi bilateral Relatiounen vun eise Land mat der russescher Federatioun ware mat Ausnam vun der Zäit vum Kale Krich traditionell frëndschaflech. Am 19. Joerhonnert war Russland en Architekt an e Garant vun der Lëtzebuerger Onofhängegkeet. Russesch Zaldote waren am Éischte wéi am Zweete Weltkrich op eiser Säit. No der Oktoberrevolusioun huet Lëtzebuerg ville Russe Schutz gebueden. Haut hu mir eng grouss russeschsproocheg Communautéit hei am Land, déi wëllkomm ass an eise Land wäertvoll Déngschter leescht. D'ADR wëllt déi laang a frëndschaflech Relatiounen mat Russland weider verstärken a verdéiwen.

An deem Gebitt, dat fréier zu der Sowjetunioun gehéiert huet, besti vill Konflikter. Änlech wéi nom Zesummebroch vun der Habsburger Monarchie oder dem fréiere Jugoslawie sinn déi Konflikter dacks net exklusiv als international Konflikter am juristesche Sënn ze analyséieren, mee och historiesch als Konsequenz vum Zesummebroch vun engem grouse Räich. Et si postsowjetesch Konflikter. Dës Konflikter hunn territorial, sécherheitspolitesch, ethnisch an ekonomesch Dimensiounen. Déi aktuell Spannungen an a ronderëm d'Ukrain gehéieren mat dozou.

Eisen Usaz ass ganz sécher net deen, fir d'Analys ze vereinfachen an op Basis vun engem postuléierte russeschen Expansionismus ze rasonéieren. Mir gesinn deen net a géifen deen och geneesou mann akzeptéieren, wéi mir op eiser Säit eng aggressiv Politik géintwuer Russland géifen ënnerstëtzen.

Eis Strategie ass och net, fir Russland ze encercléieren, wéi anerer dat zënter Laangem wëlle maachen. Eise Wonsch ass et, a Russland e Partner ze fannen, mat deem mir zesummen eng méi grouss Stabilitéit an Europa an op dëser Welt kënnen errechen.

Mir wëlle Russland net an eng Allianz mat China driewen, mee seng europäesch Identitéit, Roll a Verantwortung unerkennen. An deem Effort mussen mir eis Sécherheet an déi vun eisen Alliiéierte schützen, awer mir dierfen och keng Schrëtt setzen, déi ëmgedrëit d'Sécherheet vu Russland kéinten a Gefor bréngen. Eng Sécherheitsarchitektur fir Europa ass e Mateneen, kee Géinteneen. Mir brauchen op alle Säiten Diplomatie, Versteesdemech a Kompromëssbereitschaft. Dëst gëllt och, wa mir iwwert d'Zukunft an eng eventuell Expansiv vum der NATO schwätzen. Mir hunn an den 90er-Jore vill Chancë mat Russland verpasst. An et wär schéin, wa mir net ëmmer déi selwecht Feeler géife widerhuelen.

De Westen huet Russland dacks humiliéiert. Mir awer wëlle Russland déi Plaz zouerkennen, déi him zoukënn, och an den internationale Gremien, wéi zum Beispill dem G8. Mir wëllen net vu méi Sanktiounen schwätzen, mee am Géigendeel vun hirem Ophiewen. Sanktiounen géint Russland schueden net nëmmen ekonomesch hinne wéi och eis, se schueden och der demokratescher Entwécklung vun der russescher Gesellschaft.

Sanktiounen sinn an dësem Fall net nëmmen ineffizient, si si kontraproduktiv. Mir kënnen ganz gudd eng géigesäiteg Ofhängegkeet am ekonomesche Beräich envisagéieren, fair an intensiv Handelsbeziungen,



well dat eng sännvoll Vertrauens- a Friddenspolitik ass. Dat gëllt och am Energieberäich.

Eng Entspannung vun der Situatioun an der Ukrain verlaangt eng Ëmsetzung vun de Minsker Ofkommen. Déi éischt Verantwortung dofir läit bei der Regierung zu Kiew, déi an där Hisiicht nach vill ze leeschten huet. Mir fuerdere si op, hire Verpflichtungen nozekommen. Mir fuerdere Russland op, senger Verantwortung fir de Fridde gerecht ze ginn. A mir fuerderen d'NATO op, fir vun engem real existéierenden, wann och net affichéiertem Konfrontationskurs géint Russland op e friddlecht Matenee mat Russland ëmschalten. Dat ass dee Wee, deen an dëser Situatioun dee richtegen ass.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et un där honorabeler Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Jo, villmools merci, Här President. Merci och dem Här Graas fir dës Initiativ, eng ganz interessant Debatt. Eis Sympathie fir déi politesch Feierung zu Moskau ass ganz limitéiert. De Wladimir Putin ass e rietsnationalistesch Autokrat, deen innepolitesch zimmlech ënner Drock steet an dofir aussepolitesch mam Feier spillt.

Déi vëlkerrechtswiddreg Annexioun vun der Krim ass kee Kavaliersdelikt, geneesou wéineg wéi déi De-facto-Annexioun vun der Ostukrain. Ofgesinn dovunner spillt Moskau jo och an anere Beräicher a Géigenden eng ganz zweifelhaft Roll.

Mee et kënn een net laanscht de Constat, dass d'Roll vun der NATO an deem aktuelle Konflikt och ganz problematesch ass, dass d'Ukrain aus der Siicht vu Moskau eng zentral geostrateegesch Bedeitung huet. Dat ass net eréischt säit gëschter bekannt. Wann een dann der Ukrain de Status als NATO-Partnerland gëtt, gemeinsam Militärmanöveren ofhält a Waffeliwwerungen organiséiert, dann hält een eng muskléiert Äntwert vu Moskau eigentlech a Kaf.

Ech soen net, dass ech déi russesch Reaktioun gutt fannen, dass ech se géif entschëllegen oder iergendwéi géif acceptéieren, mee si war virauszegesinn a si wär vermeidbar gewiescht. Si gouf virausgesinn an ass wëssentlech a Kaf geholl ginn. D'NATO ass, wéi esou oft, fir eis net Deel vun der Léisung, mee Deel um Problem!

Déi Haaptursaach vum Konflikt ass d'Feele vun enger gemeinsamer Sécherheitsarchitektur fir Osteuropa, eng Architektur, déi de legitime Sécherheitsinteresse vun alle Länner entsprécht. An do muss ee sech d'Fro stellen, awéifern déi europäesch Interessien a Virstellungen iwwerhaupt mat deene vu Washington openeen ofgestëmmt kënnen ginn.

D'NATO gëtt - an dat ass kee Geheimnis - vun den USA als Vehikel fir hir eege politesch Ziler benotzt an dat erschwéiert d'Sich no nohaltege Léisungen. D'Europäer solle sech deem emol bewosst ginn, och grad an deenen ëstlechen EU-Memberstaaten.

Wat bleift, ass déi berouegend Feststellung, dass zwar vill Acteuren an den aktuelle Krisen Interêt um Säbelrasselen hunn, net awer en enger handfester militärescher Konfrontatioun. Wann net grad e gréisseren Accident geschitt, wäert sech dann hoffentlech déi ganz Opreegung viraussiichtlech erëm an e puer Woche leeën. An deem Sënn sollen all déi Bedeelegt emol vun hirem héije Päerd erofklammen a verbal ofrësten, amplaz nach ëmmer méi Ueleg op d'Feier ze geheien. D'Beméiunge vun der däitscher an der franséischer Diplomatie fir ze vermëttelen an ze deeskaléiere muss een iwwregens an deem Kontext ausdrécklech begreissen.

Duerno muss een dann emol endlech déi strukturell Ursaachen op diplomateschem Wee ugoen an do brauche mer méi Pragmatismus a manner Dogmatismus. Schnell an einfach Léisunge ginn et an där Front net. Mee d'Ukrain kann een och als Bréck gesinn tëschent Europa a Russland, amplaz just als Front a Pufferstaat. D'Europäer géife gutt drun doen, dat emol proaktiv an d'Hand ze huelen, amplaz ëmmer just hannert den Evenementer hierzelafen, wann d'Haus grad um brennen ass. A si sollte mol probéieren, endlech e gemeinsamen Nenner ze fannen, well aktuell mécht d'EU genee dat, wat de Wladimir Putin bezweckt: Si ass zerstridden an dofir inexistent!

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, och ech wëll natierlech als Éischt dem Gusty Graas Merci soe fir d'Ufro vun dëser Aktualitéitsstonn, déi jo e bësse Reformulatiounen gebraucht huet, bis se da schlussendlech um Ordre du jour stoung, wat och e bessen der Entwécklung vun der Situatioun geschëllt war, wéi d'Kollegin Djuna Bernard virdru schon erzielt huet.

Ech sinn - an ech mengen, do sinn ech net aleng, wann ech meng Virriednerinnen a Virriedner nogelauschert hunn - dach beonrouegt iwwert d'Nouvelen, déi mer vun der ukrainescher Grenz héieren.

De russesche President test hei fir d'widerhuelte Kéier d'Grenze vun deem, wat Europa an d'USA akzeptéieren, dat offiziell, well hien an engem Schloss vun der Ukrain un d'NATO eng Gefor fir Russland gesäit, en Schloss, deen am leschten hallwe Joer net Thema war, an dat weist kloer, dass Russland hei keng Truppen deplacéiert weinst Verhandlungen tëscht der Ukrain an der NATO. De President Putin huet hei ganz aner Interessien, déi e spille léisst.

An och wann d'Land sech ëm eng Memberschaf géif beméien, huet et d'Recht dozou, sech an deenen internationalen Organisatiounen ze engagéieren, wou et wëllt. Ech mengen, dat war mat der OSZE-Deklaratioun vun Helsinki méi wéi kloer.

D'Ukrain dierf Member bei der NATO ginn, wa se d'Krittären erfëllt an dat wëllt. Soulaang et awer esou ass, dass d'Ukrain net Member an der NATO ass, huet d'NATO net d'Recht, fir elo an dës Polverfaass intervenéieren ze goen. Et handelt sech net ëm e Bündnisfall, do si mer eis all eens. Do huet d'NATO als Organisatioun einfach kee Recht fir ze intervenéieren, mee d'Memberstaaten kënnen d'Ukrain awer ënnerstëtzen.

Mir Piraten sinn der Meenung, dass eng militäresch Interventioun zu dësem Zäitpunkt un iergendengem Partner, ob dat elo England oder d'USA oder soss een ass, net de richtige Wee ass. Et muss zu dësem Zäitpunkt nach ëmmer op Deeskalatioun gesat ginn! D'Gesprécher mussen kënnen weiderlafen.

Gläichzäiteg mussen d'EU-Memberstaaten awer d'Recht hunn, fir hei Material an d'Ukrain ze schécken, fir si ze ënnerstëtzen, si ze preparéieren. A jo, dorënner falen och Waffen. Hei huet Russland einfach kee Matsproocherecht! Mir hu jo och kee Matsproocherecht drun, wa Russland seng Truppen iergendwou hi verleet. Wann en EU-Staat wëllt d'Ukrain ënnerstëtzen, da soll dee Staat dat maachen! Sou wéi Russland d'Recht huet, fir virun Irland Übung mat senger Marinne ze maachen, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement (Piraten)** | ... esou huet och all EU-Staat d'Recht, fir der Ukrain materiell Ënnerstëtzung zoukommen ze loosseren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Sven Clement (Piraten)** | Et gëtt Zäit, dass mir Russland erëm gewësse Limiten an d'Gedechtnes ruffen.

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Sven Clement (Piraten)** | Säit ronn zéng Joer ass de President Putin amgaangen, à la Salami-taktik sech Scheif fir Scheif d'Ukrain anzeverleien. D'territorial Integrität, déi u sech an internationalen Traitéen vun dësem Land verankert ass, ass einfach net méi ginn: Donbass, Krim, fir nëmmen déi Headlines ze nennen. Mir wëssen net, wat e sech schlussendlech genau vun dëser neier Konfrontatioun erhofft. Egal, wat et sollt sinn, d'Ukrain ass keen a wäert ni méi en Deel vu Russland ginn. D'Zäite vum „Kiewer Rus“, wou Kiew d'Hauptstad vun engem Groussrëich war, si laang eriwwe. D'Grenze vun der Ukrain sinn déi, déi d'UNO unerkennt.

Och mussen mir als EU kloer Grenze setzen, wann et drëms geet, dass de russesche President e Konflikt instrumentaliséiert, fir vun interne Problemer ofzelenken oder d'Energiepräisser an der EU kënschtlech no uewen ze drécken. Mir dierfen als Memberstaaten net 27 verschidde Meenunge verrieden an eis scho guer net wéi Ungarn elo op d'Säit vum Provokateur Putin stellen.

Här President, mir Piraten gleewen, dass d'EU sech kloer muss fir Sanktiounen par rapport zu Russland ausschwätzen, Sanktiounen, déi wéi kënnen doen. Länner, déi der Ukrain Material wëllen zoukomme loosseren, sollen dës maachen. Wa Lëtzebuerg wëllt Material schécken, da géif dat eis Ënnerstëtzung fannen.

Mir Piraten sinn awer kloer géint eng Interventioun um Buedem oder an der Loft vun der Ukrain. Et ass nach net ze spéit, fir d'Situatioun ze deeskaléieren, och wa Russland scho säit zéng Joer un der Grenze vun der Ukrain knabbert. Esou muss et hei awer elo net zu engem oppene Konflikt kommen, deen herno e ganz Land entwedeer verschléckt oder weider spléckt. Mir brauchen eng friddlech Léisung an et wär gutt - an ech mengen, do huet d'Nathalie Oberweis virdru dat richtegt Wuert fonnt -, wa béid Säite géife vun hirem héije Päerd erofklammen a vläicht nach eng Kéier op Aenhéicht géife probéieren, dat doten aus der Welt ze schafen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement.

## 10. Ordre du jour (suite)

Ier ech der Regierung d'Wuert ginn, kéime mer elo zur erweiterter Fro Nummer 127 vum Här Claude Wiseler iwwert de Konflikt tëschent der Ukrain a Russland. An da kann d'Regierung duerno zesummen op déi zwee Punkten äntweren.

## 11. Question élargie n° 127 de M. Claude Wiseler sur le conflit Ukraine-Russie

Här Claude Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Merci, Här President. Wéi scho verschidde Virriedner et gesot hunn, kenne mer säit dem Fall vun der Mauer keng esou ugespaant Situatiounen méi an Europa, wéi mer se momentan gesinn. Dat klengst Feelverhalten, dee geréngsten Iertum, deen hei geschitt, kann zu enger fataler Eskalatioun féieren.



Am markantste fir mech ass awer, datt mir an Europa erëm ukomm sinn op engem Punkt, wou d'Bereetschaft, fir Gewalt unzewennen, omnipresent ass. Dat war laang Joren net méi de Fall. D'Bereetschaft huet 2014 ugefaangen, wéi Russland d'Krim besat huet, a fir déi Bereetschaft ass an eisen Ae ganz kloer de President Putin verantwortlech.

Vill politesch Verantwortlech froe sech: Wat wëllt de russesche President mat all deenen Aktiounen, déi e momentan amgaangen ass ze maachen? Wëllt en e militärescht Amarschéieren an d'Ukrain? Oder wëllt en en Drock produzéieren, fir d'Ukrain politesch ze destabiliséieren an definitiv zur Pufferzon ze maachen ënner russescher Influenz? Oder wëllt en op där anerer Säit d'NATO provozéieren an domat och e weëneg destabiliséieren? Oder wëllt en aus innepolitesche Grënn ganz einfach Stärkt beweisen a sech an d'Mëtt vun der Aktualitéit eraschwätzen.

Ech ka mech erënneren, 2014 stoung eisen haitegen an deemolegen Ausseminister, den Här Asselborn, op der Maidan-Plaz mat enger Rei anereren Ausseministere zu Kiew an huet u sech geworbe fir d'FTA-Ofkommes, sengerzäit eng Unnähierung vun der Ukrain zur NATO a géint d'Janukowitsch-Regierung.

Haut, muss ech soen, sinn dat ganz aner Téin, déi kommen, an, dat am Kapp, hunn ech am Fong, well ech jo eng Question élargie hei froen, dräi, véier zentral Froen un den Ausseminister ze stellen.

Déi éischt ass: Russland huet jo dräi Fuerderungen, éischters d'Neutralitéit vun der Ukrain an de Schluss vum NATO-Elargissement, dann d'Ofzëie vun offensiv Waffen aus alle fréieren Oststaaten an dann zréck op d'Grenze vun 1997 ze goen. Ech wollt am Fong do och eng kloer Positioun vun der Lëtzebuurger Regierung zu deene russesche Fuerderungen hei héieren.

Zweet Fro: Wann ech d'Analys vun der Situatioun maachen, da gesinn ech Russland op där enger Säit mat enger ganz kloer Zilsetzung an Aktionsfräiheet, op där anerer Säit hunn ech awer d'Impressioun, datt d'Reaktioun bei den NATO-Staaten heiansdo e bësse konfus ass, datt op där enger Säit d'USA a Groussbritannien nei Truppen dohinnerschécken, aner Länner maachen dat net oder wiere sech dogéint. Ech gesinn och nach déi penibel Diskussioun iwwert d'Waffeverkeef, notament souguer Defensivwaffen, wou Däitschland dat refuséiert a just 5.000 Helmer dohinner schéckt als Hëllef fir d'Ukrain. Alles dat gëtt jo e fuerchtbaart Bild vun eis of!

An ech gesinn och déi sëllege Pilgerfaarten op Moskau vun deenen engen a vun deenen aneren, déi, denken ech, net ofgeschwat sinn, leider net ofgeschwat sinn, oder déi Telefonsdiplomatie, wou jiddwereen Eenzelnen dann dem President Putin urifft, wéi wann dat hie géif impressionéieren. Souguer eise Premierminister, den Här Bettel, hat viru Kuerzem en Telefonsgespräch mam Här Putin.

Ech wëll am Fong do froen: Awéifern sinn déi Diskussiounen, inklusiv déi vun der Lëtzebuurger Regierung, ofgesprach an enger europäescher Koordinatioun? Wat sinn d'Resultater dovunner a wat ass gesot ginn? Wat ass am Fong probéiert ginn ze erreechen?

An dann, wann ech déi lescht Initiativ vum Här Macron gëschter kucken, wou ee schonn d'Resultater ka positiv fannen, ass awer meng Fro, ob dat eng Initiativ war am Numm vun der EU oder eng franséisch Initiativ. War se koordinéiert an ofgeschwat mat deenen aneren europäeschen Ausseministere? An zousätzlech dann eng Parallellfro: Wat ass dann d'Roll vun der Europäescher Unioun an där ganzer Ugeleeënheet hei? Wou ass d'Kommissioun? Wou ass

den Auslandsbeauftragte vun der Kommissioun an dëser Diskussioun, wou ass de President vum Conseil? Déi misste menger Meenung no awer eng weesentlech Roll an deenen Diskussiounen, an deenen Negociatiounen hunn.

Ech hunn heiansdo d'Impressioun, datt Russland net wëllt mat Europa schwätzen, oder, wéi den Här Lawrow et seet, just als eenzege Partner entweeder d'USA op där enger Säit oder d'NATO oder dann déi eenzel Länner eraushëlt a refuséiert, mat der Europäescher Unioun als Institutioun ze schwätzen. Do fannen ech awer, datt déi europäesch Ausseministere sech kloer an däitlech missten als Ensembl ginn, well mer soss kee Gewicht hunn, wa mer et eenzel maachen. Och do wëll ech dem Här Asselborn, eise Ausseminister, seng Impressioun a seng Kommentaren zu där doter Problematik.

Mäin drëtter Punkt ass d'Fro, wann d'Deeskalatioun, hannert där mer alleguete stinn, näischt gëtt a wa Sanktiounen noutwendeg wäeren, wéi hei d'Positioun vu Lëtzebuerg ass, wëssend, datt haut schonn, säit der Crimée, massiv Sanktiounen géint Russland ausgeschwat ginn, ob dat en Embargo op Waffen, op Pétrolequivalente oder d'Beschränkung vu Kapitalmäert ass. Dat hu mer schonn haut. Wat ass déi nächst Serie vu Moosnamen? A wat sinn haaptsächlech dann d'Konsequenzen op d'Finanzplaz? Ass dat evaluéiert ginn? Droer mir et mat? A welleche Präis si mer bereet, dofir ze bezuelen, wann déi nächst Sanktiounen kommen?

A mäi véierter Punkt: Déi Impressioun, déi ech hunn ass, datt sech bei der Reflexioun vun den europäesche Länner vun der EU alles konzentréiert op de Problem Ukrain, obwuel mer heiansdo Negociatiounen mat de Russe féieren, ouni mat der Ukrain ze schwätzen an deelweis iwwert d'Ukrain ewechfueren.

Ech gesinn awer op där anerer Säit, datt Russland wäit iwwert d'Ukrain e weesentlech méi groust Bild gesäit, andeems et u sech och Diskussiounen féiert, sech aner Liéierter siche geet, Diskussiounen mat China féiert, souguer Diskussiounen mat Indie féiert, an datt béid Länner sech och äusseren an offiziell unerkennen, datt se déi legitim Interesse vu Russland an dësem Konflikt hei gesinn. Wéi ass d'Aschätzung vum Ausseminister zu där doter Allianzfindung, déi d'Russe maachen? Awéiwäit ass eis respektiv déi europäesch Diplomatie och amgaangen, iwwert déi direkt Konfliktlänner eraus ze probéieren, déi Aktioun vun der Europäescher Unioun no baussen ze explizéieren, fir aner Blockbildungen am Viraus ze vermeiden a fir eis och als Europäer eng aner Plaz ze ginn?

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Wiseler.

## 12. Heure d'actualité du groupe politique DP sur le rôle de l'OTAN dans la crise actuelle avec la Russie (suite)

### Question élargie n° 127 de M. Claude Wiseler sur le conflit Ukraine-Russie

An elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn. Här Asselborn, Dir hutt d'Wuert.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** | Merci, Monsieur le Président.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** | Also, Här President, merci och fir

d'éischt dem Gusty Graas fir déi Initiativ, déi e geholl huet, selbstverständlech awer och dem Claude Wiseler, fir méi prezis dann a senger Interventioun effektiv op déi Kris ze kommen. A merci jidderengem, dee sech hei zu Wuert gemellt huet. An ech hunn de Mëtteg och ganz opriichteg nogelauschtert an och dobäi geléiert.

Ech versichen elo, mech e weëneg aus menger Siicht net eleng op d'NATO ze konzentréieren, mee op dee potenzielle Konflikt, dee kéint zu engem ganz schlimme Krich ausarten, a kucken e weëneg aus der Siicht vun engem europäeschen Ausseminister, deen an der NATO ass, an der Europäescher Unioun ass, an der OSZE ass, wéi een d'Saach gesäit.

Mir haten iwwregens zwou Reunionen an der Kommissioun, an dat waren, mengen ech, gutt Reunionen, wou ech konnt informéieren, mee wou mer och en Debat driwwer haten. An ech mengen, esou soll et jo och sinn, zemools an esou enger Kris wéi där hei, dass do net eng Regierung eleng steet, keen Ausseminister eleng steet, mee dass och d'Parlament mat implizéiert ass.

Also d'Fro, déi de Gusty Graas jo gestallt huet, ass: Wat fir eng Roll spillt d'NATO an dëser Kris? Dat ass dat, wat ech gelies hat. A wat kéint d'NATO derzou bäidroen, fir eng Léisung ze fannen?

Bon, Dir kennt alleguerten den Historique. Aus russescher Siicht seet jo de President Putin, säi Standpunkt wier deen, dass d'Erweiterung vun der NATO déi russesch Sécherheet géif a Fro stellen. Dat ass den Ausgangspunkt vu russescher Säit, an d'Russe schwätze jo och dovun an engem Brëif vum Sergej Lawrow, vun hirem Ausseminister, un alleguerten d'europäesch Ausseministere, dee mer virun e puer Deeg kritt hunn - dat ass och beim NATO-Russland-Rot d'Hauptwuert gewiescht -, nämlech d'Indivisibilitéit vun der Sécherheet an Europa.

Et ass hei net evoquéiert gi vun Iech, mee dat ass de sprangende Punkt, wat Russland als Argument hëlt, d'Indivisibilitéit, wéi si et gesinn, vun der Sécherheet an Europa. Dat heescht, d'Sécherheet vun deem engen ass net ze trenne vun der Sécherheet vun deem aneren, aus hirer Siicht.

Nun, aus menger Siicht elo: De Prinzip vun der Indivisibilitéit vun der Sécherheet, dee steet effektiv an dem Schlussakt vun Helsinki vun 1975. Dir wësst, dass do nach d'Sowjetunioun bestanen huet, och an der Charta vu Paräis vun der OSZE - dat war nom Fall vun der Mauer 1990 - iwwert d'Sécherheet an Europa. Mir sinn eis mat Russland, dat ass de sprangende Punkt, net eens doriwwer, wéi dee Prinzip konkret um Terrain ausgesäit.

D'NATO - ech kann dat hei och nëmme widderhuelen am Numm vun der Regierung, wat jo och praktesch jidder Deputéierte gesot huet - ass eng defensiv Allianz mam Slogan, also mam Gewicht op „defensiv“. D'NATO stellt also aus där Siicht keng Gefor fir iergendeen duer, och net fir Russland. D'NATO wäert och ni, dat kann ech mer net virstellen, Russland jee eng Kéier ugräifen. Och d'Ukrain wäert Russland net ugräifen. Also, ech mengen, dass d'Existenz vun der NATO net contraire ass zu deem Prinzip vun der Indivisibilitéit vun der Sécherheet an Europa. Eis Sécherheet beanträchtegt d'Sécherheet vu Russland net.

D'russesch Interpretatioun ass, wéi Der wësst, eng aner. Fir de President Putin, an dat mécht et ganz komplex, ass d'russesch Sécherheet net ginn, wann d'NATO bis ze massiv un d'russesch Grenze reecht.

Russland hätt eigentlech gären, an dat hu mer an de leschten zéng Joer gespuert, vläicht souguer



doriwwer eraus, eng Pufferzon, eng „zone tampon“ tèschent der NATO a Russland. Mee ech mengen, am 21. Joerhonnert, dat heescht dräi Joerzénge nom Enn vum Kale Krich, sinn esou Influenzzonen absolutt net méi zäitgeméis.

Russland hätt och gären eng Garantie vun der NATO, dass d'Ukrain nimools wäert Member gi vun der NATO. Dat ass net akzeptabel! Et ass net denkbar, dass Russland géif de Länner a sengem Westen diktéieren, wéi si hir Alliiéierter, dat heescht also hir Zukunft an der Aussepolitik, wielen. Dat maache mir jo och net am Weste par rapport zum Osten an zu Russland.

Hei muss een och a mengen Aen e puer Prinzippien, kloer Prinzippie widderhuelen. An deene fundamentele Dokumenter vun der OSZE, déi ech genannt hunn, steet och, dass d'Grenzen net kënnen an net dierfe mat Gewalt verännert ginn - e wichtege Prinzip -, dass keng Gewalt dierf ugedreet ginn an dass d'Völker alleguerten d'Recht hunn op Selbstbestimmung an dass all Land d'Fräiheet huet, fir seng Allianzen däerfen ze wielen. Dat si Prinzippien, déi och fir d'Russe misste gellen.

Et ass also net verwonnerlech, dass déi NATO-Länner, déi u Russland grenzen, dat heescht d'baltesch Länner, d'Länner, déi am Oste si vun der Europäescher Unioun, laang eng zimmlech elle Geschicht hate mat deem, wat déizäit d'Sowjetunioun war. Russland gesi se anescht wéi mir, och haut. Duerfir huet d'NATO och elo eng Presenz an deene Länner eigentlech als Berouegung geliwwert fir ze weisen, dass mer prett wieren, defensiv ze handeln, wa misst gehandelt ginn, wat, hoffen ech, ni néideg ass, a fir dann eeben d'Alliiéiert ze verteidegen.

Lëtzebuerg ass jo an deem Kontext do, wéi Der wësst, och a Litau present mat Truppen, a verschidden Alliiéiert hu jo rezent, wéi Der wësst, decidéiert, hir Presenzen ze verstärken. Och d'Amerikaner hunn dat gemaach mat 3.000 Zaldoten an Däitschland an a Polen, d'Fransousen a Rumänien, wou do e Projet besteet an esou weider.

Nun, fir och op dem Här Wiseler seng Froen indirekt mat anzegoen, et kann een dat jo net alles do zerplécken, mee ech mengen soen ze dierfen, aus menger Siicht, dass de President Macron Recht huet, wann e seet, dass et keng Sécherheet an Europa gëtt, wann net Russland och Sécherheet huet. An ech mengen och, Här Wiseler, soen ze dierfen - a Frankräich huet d'Presidence vun der Europäescher Unioun -, dass alles, wat gemaach ginn ass gëschter zu Moskau an haut zu Washington an zu Kiew an dann erëm zu Berlin, dat ass schonn eng koordinéiert Approche, déi mer als Europäesch Unioun do hunn.

D'NATO huet an deem Dialog mat Russland selbstverständlech eng immens grouss Roll ze spillen. D'NATO huet parallel zu den USA jo och e Brëif u Russland geschéckt, e Brëif, well et schrëftlech gefrot ginn ass vu Russland, wou Theemen dra sinn, iwwert déi d'NATO a Russland sech missten eigentlech kënnen ënnerhalen. Dat géif een dann Diplomatie nennen.

Do geet et ëm d'Truppenopstellung, et geet ëm Transparenz, et geet ëm Militärmanöweren, et geet ëm d'Zusammenarbecht am Beräich vun der Ofrüstung, wat immens wichtege wier, dass d'Rakéiten, déi op deenen zwou Säite stinn, kéintene ofgebaut ginn, d'Kontroll vun de Waffen also. All dat ass vun der NATO och Russland ugebuede ginn.

Mir hunn och den NATO-Russland-Rot. Deen ass jo eigentlech gegrënnt ginn 1997, fir déi Verkrampfung, déi et ginn ass tèschent der NATO a selbstverständlech der Sowjetunioun, herno da Russland, net

opkommen ze loosseren. An do ass gesot ginn: Elo maache mer ee Conseil, den NRC, den NATO-Russland-Conseil, an deem ass do, fir dass d'NATO a Russland sech kënnen zesummesetzen a kucken, fir Weeër ze fannen, wéi se kënnen éischters emol laanschte-neekommen, net een deem aneren absolutt kee Vertraue méi schenken, an och kucken, wéi se kënnen an der Welt den Desarmement virubringen.

Mir hate jo elo eng Reunion vum NATO-Russland-Rot am Januar, wat gutt war. Dat war zwar net um ministeriellen Niveau, et war um Niveau vum dem Militär. Mee ëmmerhin, en huet stattfonnt. A mir hoffe souguer, dass deen NATO-Russland-Rot sech ka widderhuelen. Dat wier immens wichtege. An an deem NATO-Russland-Rot kéint een iwwer all déi Saache schwätzen, fir nees Vertrauen opzebauen.

Et ass also eng Hand gereecht gi souwuel vun den Amerikaner wéi vun der NATO a selbstverständlech och vun der Europäescher Unioun, ouni natierlech Prinzippie kënnen opzegi wéi d'Souveränitéit vun engem Land an d'Sécherheet vun de Grenzen.

Ech wéilt och vläicht nach soen, an der Europäescher Unioun, do sinn ech net mat deenen d'accord, déi soen, mir géifen do duerenanergoen. Dat ass net oft de Fall, dass mer net duerenanergi wéi d'Hénger, mee hei ass et de Fall. An et gëtt natierlech Nuancen an de Positiounen tèschent den ëstleche Länner, de südleche Länner, den nördleche Länner an deenen an der Mëtt, déi gëtt et.

Mee ech wëll soen, dass awer heiranner a groussen Zich keen, och net den Orbán, sech et gelescht huet, fir op eng aner Säit ze sprangen. Déi Koordinatioun, déi mer haten um europäeschen Niveau als Ausseministren, an och mat den Amerikaner, déi war, wéi ech et géif gesinn op jidde Fall, net optimal, net feelerfräi, mee déi war awer extreem gutt, wann een un aner Geleeënheeten denkt.

Dee wichtege Kanal vum Dialog, mengen ech, ass effektiv deen, dat musse mer esou gesinn, tèschent den Amerikaner an de Russen. Heiansdo huet ee souguer d'Gefill, wann een dosëtzt, dass d'Ukrain fir de President Putin eigentlech nëmme just eng Ausried ass, fir Moskau erëm op Aenheicht vun den Amerikaner ze bréngen. An dat muss een also gesinn, dat ass e psychologeschen Effekt, deen een net dierf negligéieren.

Ee vun de Schlüsselen ass natierlech bei den Amerikaner. Mee - an do sinn ech och, mengen ech, mat Iech alleguerten d'accord - et kann net sinn, dass diskutéiert gëtt iwwer eis Käpp ewech, tèschent den Amerikaner an de Russen, iwwert d'Sécherheet an Europa! An dat ass gesot ginn, an duerfir mengen ech, déi Initiativen elo, déi geholl gi si vun de Fransousen a vun deenen Däitschen a vun aneren, dass déi sech an dee Kontext do erastellen.

Gëschter, wéi Der dat alleguerte wësst, war de President Macron zu Moskau, haut zu Kiew, dann den Owend zu Berlin. De Bundeskanzler war zu Washington, haut erëm zu Berlin, wou se sech och treffen mam polnesche President. Also, dat ass schonn eppes, géif ech soen. Ech sinn elo keen naiven an och keen totalen Optimist, mee et schéngt awer, wéi wann Argumenter géife gräifen, dass et Unzeeche gëtt, fir aus dem Tunnel erauszekommen, an dass et eebe keng militäresch Interventioun gëtt. Dat ass jo dat allerhéchsten Zil, wat mer hunn, souwuel an der NATO wéi an der Europäescher Unioun wéi natierlech och an der OSZE an an all deene Formatiounen, déi do matschaffen.

Vläicht nach eppes, wat wichtege ass, wat och den Här Wiseler indirekt ugeschwat huet, dat ass d'Normandie-Format. Et war de Frank-Walter Steinmeier, deen

deemools, wéi mer an der Normandie waren, dat Format do an d'Liewe geruff huet, dat heescht, déi Däitsch, d'Fransousen, d'Ukrainer an d'Russen. Dat huet am Ufank och fonctionéiert, mee dat läit brooch, ausser dass elo zwou Reunionen waren, eng zu Paräis an eng zu Berlin. Do gi grouss Efforte gemaach, fir dat erëm un d'Goen ze kréien.

Ech wëll Iech allerdéngs soen, wa mer vu Minsker Verträge schwätzen, do gëtt et eigentlech véier Hauptpunkten, déi mer ëmmer mussen am Kapp hunn. Deen éischte Punkt ass deen, dass gesot ginn ass: All d'Waffen - all! - musse verschwannen, op där enger Säit an op där anerer Säit am Donbass. D'Waffe mussen ewech! Bon, do seet eng vun de Parteien, déi Russland heescht: „Mir hu guer keng Waffen do, also kënnen mer keng ewechhuelen.“ Mee Dir wësst, dass et zënter 2014 iwwer 12.000, oder 15.000, Doudeger gëtt. Do gëtt mat décke Waffe geschoss. Ech hat d'Geleeënheet, fir zweemol op där Grenz ze sinn.

Also wann d'Waffen ewech wieren, da kéim een un den zweeten Akt. Dat heescht, dass dann d'Ukrain misst e Gesetz maachen, eeben e speziell Gesetz fir de Statut vun de Regionnen Donezk a Lugansk. Mee do soen d'Ukrainer: „Esou laang, wéi russesch Waffen do sinn, maache mer dat Gesetz net!“ Also geet et net nëmme ëm d'Punkten, mee et geet ëm d'Preséance vun deene Punkten. Dat ass dee schwéiersten Deel dovunner.

An dann als Drëtt soll e Gesetz kommen iwwer lokal Walen.

An dann als véierte Punkt: Den Dag vun deene lokale Walen - wann dat beschloss ass -, da soll d'Ukrain erëm d'Kontroll vun der Grenz kréien. Dat ass d'Trame, déi deemools zu Minsk fixéiert ginn ass, mat anere Saachen derbäi.

Bien, mir kennen also, géif ech mengen, de Problem a mir kënnen weening Hoffnung hunn, dass et net zu engem Krich kënnt. Ech mengen, dass och an der OSZE - dat dierf een net vergiessen - ganz vill Efforte gemaach ginn. Haut de Mëtteg, wou mer elo hei schwätzen - a Polen huet d'Presidence vun der OSZE -, do gëtt versicht, fir en neien Debat, nei Efforten ze maachen iwwert déi Sécherheitsarchitecture an der Europäescher Unioun. Ech hoffen, dass Russland do och matmécht, well d'OSZE ass jo e perfekte Kader, well d'Amerikaner an d'Russen och do derbäi si mat den Europäer a villen aneren. Also ech mengen, d'OSZE dierf een net aus dem Bléckwénkel verléieren. Et sinn net nëmme d'Europäesch Unioun, d'Amerikaner an d'NATO, mee dat hei ass och eng ganz wichtege Organisatioun.

D'Situatioun um Terrain awer, Här President, déi bleift ugespaant, bedenklech. Ech si kee Frënd vun de Geheimdénkschter, do muss een extreem oppassen, mee et kéint sinn, dass bis zu 150.000 Zaldoten am Weste vu Russland stinn. Dat sinn Zuelen, déi zirkuléieren och an eisen offizielle Reunionen. A virun allem, wat net gutt ass, dat ass dat Material, wat do steet, dat ass scho Material, net fir sech ze verteidegen, mee fir een aneren unzegräifen. An dat ass e Punkt, wou Russland, mengen ech, misst en Effort maache fir ze weisen, dass se gudd Wëlles wieren, fir dat ze maachen, wat se soen. Si soen all Woch dräimol, Russland, de Kreml an den Här Putin: „Mir gräifen d'Ukrain net un!“

Et wier och wichtege, an de President Macron huet dat jo och gëschter ugeschnidde mam President Putin, dass déi 30.000 Truppen (veuillez lire: 30.000 Zaldoten), déi a Wäissrussland stinn, wou gesot gëtt, et wier e Manöver, esou séier wéi méiglech géifen ofgezu ginn. Dat wier en Zeechen, dass effektiv och erëm Vertraue kéint opgebaut ginn.



D'Sanktiounen, also, Dir verstitt, an dat ass net nëmmen hei zu Lëtzebuerg esou, mir hunn eis effektiv jo eng gewësse Strategie ginn, souwuel an der Europäescher Unioun wéi och op anere Plaze mat den Amerikaner, dass effektiv Honnerte Leit u Sanktiounen schaffen. An all Land vun der Europäescher Unioun gëtt dru geschafft an och vläicht doriwwer eraus an anere Regiounen vun der Welt, wou matgehollef gëtt. Dat gëtt e Pak, dee massiv ass. Dir wësst, dass Sanktiounen en Instrument sinn aus der Geschierkëscht vun der Diplomatie, fir zum Beispill militäresch Interventiounen ze verhënneren.

Här Wiseler, Lëtzebuerg ass net hei mat der Rechemaschinn amgaangen ze kucken, ob mer matmaachen oder net. All Land huet do matzemaachen an ech mengen, et ass evident, déi normalste Solidaritéit vun der Welt. Finanzplazen, ech hunn dat scho gesot, si Finanzplazen, och dann dee Moment, mee et gëtt jo ausser de Finanzen och nach aner Voleten, denkt drun: de finanzielle Volet, de wirtschaftleche Volet, den diplomatesche Volet.

Dee Volet, deen natierlech ganz staark am Mëttelpunkt steet, ass dee vun Nord Stream 2. Dir wësst, dat ass e Milliardenprojet, deen decidéiert ginn ass am Kontext vum Austrëtt vun Däitschland aus der Atomenergie, fir dann an enger Iwwergangszäit, an enger Transitiounszäit, Gas ze hunn. Dat ass déi offiziell Erklärung dovunner.

Mee wann Der mech frot, a wat ech och vun däitscher Säit héieren: Wann eng militäresch Interventioun geschitt, da fléisst kee Gas duerch déi Leitung!

Duerfir fir ofzeschlëssen, Här President, géif ech nach eng Kéier soen: Wat mer wëllen an der NATO, an der Europäescher Unioun, als Europäer, a wou Lëtzebuerg ganz staark, esou gutt et kann, versicht matzehëllefen, dat ass, dass eng militäresch Interventioun an der Ukrain verhënnert gëtt. Dat ass den Hauptpunkt.

Dat Zweet, dat ass, dass, wann een d'Deeskalatioun fäerdegbréngt, een d'Sécherheetsbedenke vu Russland net ekarteiert, mee dass een déi seriö hëlt an dass een e Gespréich ubitt, en Dialog ubitt mat der NATO, mat der Europäescher Unioun a mat den Amerikaner selbstverständlech. De President Biden huet dat gescheit gemaach, wéi e schonn am éischte Gespréich mam President Putin gesot huet: „Ech si bereet, Iech nozelauschteren.“ Mir sinn och bereet nozelauschteren an der NATO. Dat muss esou sinn! An dass een dann um Dësch zesumme versicht, an engem Prozess, dee méintelaang kann daueren, fir dann eng aner Sécherheetsarchitektur hinzekriien, déi méi Vertraue gëtt, selbstverständlech op deenen zwou Säiten. Mee et kann een a mengen Aen net higoen a soen: „Hei ass meng Proposition. Wann déi der net passt, da schéissen ech!“ Ech mengen, dat muss vum Dësch sinn.

An dann, wéi ech gesot hunn: D'Prinzipie vun der Inviolabilitéit vun de Grenze vun engem Land an d'Souveränitéit, déi sinn net verhandelbar, domadder kann een net spillen!

Vläicht fir ofzeschlëssen, mee do si mer natierlech total aus dem Kader dovun, wat den Här Wiseler gefrot huet zu Russland, China, Indien: Mir wëssen hoergenee, dass mer an der Europäescher Unioun mat China jo virun engem Joer Sanktiounen decidéiert hunn. Dat war déi éischte Kéier zënter dem Konflikt vun der Tiananmen-Plaz vun 1989. Do ass e Waffenembargo decidéiert gi géint China. Also, et ass déi éischte Kéier, dass mer Sanktiounen decidéiert hunn. Dir wësst, wéi dorobber reagéiert ginn ass, déi ganz Protection des investissements läit flaach. Ech ka mer och net virstellen, dass d'Europaparlament ganz séier dorobber zrëckkënn.

Europa huet also reagéiert, huet also gewisen, dass d'Mënscherechtsfro a China eng Fro ass, wou mer net einfach driwwer eweckucken. Mat Russland hu mer versicht, wierklech och am Kader vun all deene Violatiounen vun de Mënscherechter, déi geschitt sinn, prezis Sanktiounen ze decidéieren. Och dat ass gemaach ginn. Allerdéngs, loosse mer soen, wann een elo kuckt, wat d'Resultat dovunner ka sinn, ass et dat, dass een ëmmer méi an eng Welt erakënnt, wou ee grouss Divergenzen huet tëscht den Amerikaner an de Chinesen fir alles, wat Wirtschaft ugeet.

Mir riskéieren do, dass d'Welthandelsorganisatioun an zwee gespléckt gëtt, dass et déi eng Saach de Camp vu China gëtt, déi aner Säit de Camp vun Amerika, déi net méi openeen zouginn, wat dramatesch géif gi fir d'Ekonomie op der Welt. A wann ech soe fir d'Ekonomie, dann ass dat och alles, wat domadder zesummenhängt um soziale Plang.

An op déi aner Manéier gesi mer jo och ëmmer méi - dat hu mer an deene leschten Deeg nach gesinn -, dass China a Russland eigentlech eng Allianz hu géint - wann ech dat esou dierf soen - déi westlech Welt, mat de Konsequenzen, déi dat natierlech och mat sech bréngt.

Voilà. Ech hu probéiert, fir Iech konkreet ze äntwerten op déi eng Froen, op déi aner, déi méi grouss Froen, do komme mer nach eng Kéier drop zrëck. Mee ech hu mäi Bescht ginn, fir dass Der vläicht verstanen hutt, wat ech wollt soen.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci dem Här Ausseminister Jean Asselborn. Dëse Punkt ass elo ofgeschloss.

### 13. Interpellation de M. Marc Hansen sur la médecine environnementale

De leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten ass d'Interpellatioun vum Här Marc Hansen iwwert d'Ëmweltmedezinn. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Jean-Marie Halsdorf, d'Madamm Carole Hartmann, d'Madamm Cécile Hemmen, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Nathalie Oberweis an de Sven Clement. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Marc Hansen.

#### Exposé

**M. Marc Hansen** (déi gréng), interpellateur | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, laang Zäit ass de Bläi aus de réimesche Waasserleitungen als e méigleche Grond vum Ënnergang vum Réimesche Räich duerch massiv Vergëftungserscheinungen d'Reimer souwuel kierperlech wéi och psychologesch esou grouss Schied dovunner gedroen hätten, dass d'Keeserräich net méi ze regéiere war, huet sech mëttlerweil als ze simplistes, erausgestallt. Nei Erkenntnisser weisen nämlech, dass de Bläi selwer héchstwahrscheinlech keen Afloss op d'Gesondheet vun de Réimer hat, awer wuel dat am Bläi enthaltent Hallefmetall Antimonium, dat schonn a klengen Quantitéiten extreem toxisch ass an Duerchfall, Erbriechen, Liewer-, Nieren- an Hærzschied ka provozéieren.

Ob doduerch d'Reimescht Räich ënnergaangen ass, sief dohigestallt. Fakt ass awer, dass et krankmaachend Ëmweltgëfter net eréischt zanter der Industrialisierung gëtt, och wa se zanterhier vill méi heefeg optauchen. E gudd Baubiolog hält de Réimer also duerchaus vill Misär kënnen erspueren.

Här President, haut ass et jiddefalls onëmstridden, dass d'Problematik vun den Ëmweltafloss op d'Gesondheet vun de Mënschen immens breet gefächert ass. Esou gëtt et Krankheeten, déi eng

kloer Source hunn, wéi zum Beispill d'Seveso-Krankheet duerch Dioxin, d'Itai-Itai-Krankheet duerch Kadmium, d'Minamata-Erkrankung duerch de Quecksëlwer, awer och Effeten op d'Gesondheet duerch Radioaktivitéit no Atomreaktoringlëcker wéi Tschernobyl oder Fukushima.

Mee d'Source vun Ëmweltkrankheeten sinn net ëmmer Katastrophen. Déi manner siichtbar, déi awer ëmmer méi Leit krank maachen, si verstoppte Stoffen, deene mir alleguer am Alldag begéinen. Ëmweltgëfter kënnen eng Roll als Cofacteur bei Kriibs, Longenerkrankungen, Hærz- a Kreeslafproblemer, Allergien a villen anere Krankheitsbiller spillen.

Oft ass et d'Resultat vu komplexen Interaktiounen tëscht verschiddene Belaaschtungen an der individueller Empfänglecheit vun deenen eenzelne Mënschen. Duerfir ass d'Ëmweltmedezinn och eng ganz personaliséiert Medezinn.

Dir Dammen an Hären, laut WHO ass e groussen Impakt vun der Ëmwelt op d'Gesondheet vun de Leit duerch vill Studie bewisen. Eng aktualiséiert Analys vun 2016, „Preventing disease through healthy environments. A global assessment of the burden of disease from environmental risks“, weist, dass 24 % vun den Doudesfäll weltwäit an 28 % bei de Kanner ënner fënnf Joer op verännerbar Ëmweltfacturen zrëckzeféiere sinn.

Ëmweltrisikofacturen wéi Loft-, Waasser- a Buedemverschmutzung, Expositioun vu cheemeschen Substanzen, Klimawandel oder Stralung favoriséieren méi wéi 100 bekannte Krankheeten oder Traumatismen. Beim Kriibs estiméiert d'WHO, dass d'Unzuel vun neien Ëmweltbedéngte Fäll an den nächsten zwéi Joerzénge tëscht 70 % kéint steigen. Och wann d'Cancerogenitéit vun den Ëmweltfacturen schwéier ze bestëmmen ass, hält d'WHO eng Klassifizierung à jour an estiméiert, dass een dës nei Fäll vu Kriibs duerch Preventiounsmoossnamen an eng Reduktioun vun der Expositioun ëm 30 bis 50 % kéint reduzéieren.

E stabilt Klima, propper Loft, Waasser an Ofwaasser, gutt Hygiène, sécher Notzung vu Chemikalien, Schutz viru Stralung, gesond a sécher Aarbechtsplazen, gesond landwirtschaftlech Praktiken, sécher Liewensmëttel, Stied mat engem gudden baubiologeschen Ëmfeld an eng konservéiert Natur sinn alles Viraussetzung fir eng gutt Gesondheet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Ëmweltmedezinn huet awer och sozial Aspekter a gehéiert an de Gesamtkontext vun engem solidareschen Gesondheetssystem. Dat heescht, se muss fir jiddereen zougänglech sinn, net just fir Leit, déi sech eng adequat Prise en charge kënnen leeschten, well oft sinn et grad déi, déi dës finanziell Méiglechkeeten net hunn, déi an engem Ëmfeld liewen oder schaffen, an deem se potenziell krankmaacher ausgesetzt sinn.

En niddregt Akommes begënschtegt oft och eng Ernärung, déi präiswäert an duerfir dacks industriell ass, also mat Zousatzstoffen, an deemno och krank ka maachen, wéi e rezente Bericht vun der franséischer Assemblée nationale weist, deen zur Konkusioun kennt, dass Nitrit-Salzer an der Charcuterie dowéinst verbuede gehéieren. Ech hunn an deem Zesummenhang och eng entsprechend parlamentaresch Fro un Iech, Madamm Ministesch, gestallt.

Dëst ass just ee Beispill ënner Honnerte vu krankmaachenden Substanzen, déi sech an eisem Alldag verstoppen. Och global gesi ginn et Ongläicheeten virun den Ëmweltgëfter. Fir Médecins du Monde ass d'Ëmwelt ee vun de Parametern, déi sozial Ongläicheeten an der Gesondheet generéieren. Dacks sinn et déi vulnerabel Bevëlkerungsschichten an déi sozial benodelegt Mënschen, déi am meeschten ënnert den Ëmweltnuisancé



leiden. Médecins du Monde begleitet die betrafte Populations, für den Impact auf die Gesundheit zu reduzieren. Parallel dazu insistieren sie darauf, für die sanitären Bedingungen zu verbessern, den Zugang zu sauberem Wasser zu fördern oder den Ursprung von der Toxizität zu verbieten.

Mee vu wéi ville Betreffene schwätze mer iwwerhaapt? Den däitsche Berufsverband vun den Ëmweltmedezinner schätzt, dass 5 % vun der Bevëlkerung an der EU vun Ëmweltmedezinneschen Erkrankungen betraff sinn. An 0,5 %, dass heescht plus/minus 3.200 Persounen zu Lëtzebuerg, wärend souguer vun enger ausgeprägter Chemikalienempfindlichkeit betraff, soudatt se deeglech Symptomer hätten.

An enger Studie aus dem Ontario a Kanada, „Final report of the task force on environmental health“, ass festgestallt ginn, dass 6 vun 100 Persounen iwwer zwielef Joer op d'mannst vun enger Ëmweltpathologie wéi myalgisch Enzephalomyelitis, chronesch Erschöpfungssyndrom, Fibromyalgie, Ëmweltempfindlichkeit oder multipel Chemikaliensensitivität betraff sinn.

Trotz der grousser Unzuel vu Betreffene sinn dës komplex chronesch Krankheeten net genuch unerkannt, erfuerscht, verstanen a behandelt ginn.

**Une voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen** (däi gréng), interpellateur | Oft feelt et u Wëssen, Ressourcen an Ënnerstützung, die für die Betreuung von deene Persounen néideg wäeren. An an der meeschte Fäll ass die ugebuede Betreuung für d'Patienten an der Famill net hëllefreich. Et ass awer eng immens Belaaschtung, wann ee sech permanent schlecht fillt an net onbedéngt weess, firwat.

Här President, och wann d'Ëmweltmedezinn sech eréischt an der leschte Joerzéngt esou richtig developpéiert huet, gëtt et awer scho ganz laang Behandlungen für Patienten, die Krankheeten hunn, die duerch de reegelméisseg Kontakt mat Polluanten zustane kommen sinn.

Kueren um Mier oder an der Bierger si schonn zanter Joerhonnerten eng Méiglechkeet, für Polluanten oder Allergenen aus der Féiss ze kommen an dem Kierper ze erlazen de recuperéieren a sech ze entgëften. Deemoos waren dat die éischt „clean units“. Haut sinn och dës Plazen net méi fräi vun unerwünschten Ëmweltafflëss.

Die modern Ëmweltmedezinn, wéi mer se haut kennen, huet hiren Ursprung an den 1980er-Joren. Eng vun den Haaptwurzelen hat se an der Ëmweltbewegung a war eng Reaktioun op d'Veronsécherung vu breeden Deeler vun der Bevëlkerung duerch spët erkannte Gesondheitseffekter opgrond vun Ëmweltverännerungen, Produktionsweisen oder Konsumverhalten, die virun als onbedenklich agestuift gi waren.

Die doraus gewonnen Erkenntnisser an doduerch gesteigert Sensibilitéit für d'Folge vun anscheinend klengen Ëmweltbelaaschtungen hunn zu enger Neubewäertung gefouert. D'Ëmweltmedezinn vun haut ass en interdisziplinäert Fachgebiet, dass sech mat der Erfuerschung, Erkennung, Behandlung a Preventioun vun Ëmweltbedéngten an Ëmweltassoziierte Gesondheitsstéierungen befasst. Si beschäftegt sech mam Afloss vun Ëmweltfacteuren op d'Gesundheit vun eenzelne Persounen grad wéi op d'Gesellschaft am Allgemengen.

D'Ëmweltmedezinn baséiert op dem Ursach-Wirkung-Prinzip tëschent dem Ëmfeld an der mënschlecher Gesondheet. Die exogene Facteuren, die Ëmweltmedezinnesch Krankheitsbilder verursachen, grad wéi hir Quellen, kënnen ganz ënnerschiddlech

sinn. 70-80 % vun de Patienten an Ëmweltmedezinnescher Praxis sinn a Kontakt mat Bannerraumschadstoffen a -reizstoffen. Hei gëtt et dräi Haaptsubstanzgruppen: cheemesch Stoffe wéi Asbest, Schwermetaller, chlororganesch Verbindungen, Noxen, Planzschutzmitteln oder Perturbateurs endocriniens, physikalesch Afflëss wéi Kaméidi oder elektromagnéitesch Felder a biologesch Facteuren wéi Pollen, Schimmelpilz oder Zecken, die Borreliose kënnen iwwerdroen.

D'Ëmweltmedezinn, die als Zil huet, dass d'Leit net krank ginn, respektiv dass die, die krank sinn, erëm gesond ginn, deelt sech an zwee Beräicher op: die primär Ëmweltmedezinn an die klinesch Ëmweltmedezinn.

D'primär Ëmweltmedezinn ass éischer preventiv an epidemiologesch orientéiert an huet Liene mat der Aarbechtsmedezinn an der Hygiène. Et geet drëms, Ëmweltgëfter op e Minimum ze reduziéieren respektiv ze eliminéieren, für dass se net méi kënnen schueden. Et geet ëm Geforevermeidung, Risikoerkennung a Risikoofwier.

Dass net nëmmen d'Aufgab vun enger Santé, mee den Ëmweltministère, d'Agrikultur an de Verbraucherschutz sinn zum Beispill och betraff. Duerfir ass et och esou wichteg, dass mer eis ambitiéis Waasser-, Loft- a Buedenschutzgesetzter ginn.

D'klinesch Ëmweltmedezinn ëmfaasst die individuell medezinnesch Versuerung vun Eenzelpersounen mat Gesondheitsbeschwerden a medezinneschen Analysen, die op Ëmweltfacteuren zrëckgefouert kënnen ginn. Dobäi mussen souwuel die individuell Empfindlichkeiten vun de Betreffene wéi och die besonnesch Eegeschafte vu komplexen Afflëss berücksichtegt ginn. Dass heescht, dass all Persoun anescht op Ëmweltafflëss reagéiert. Eng optimal Ëmweltmedezinnesch Berodung ass also nëmme mat enger multidisziplinärer Ekip meiglech, die och am Austausch mam Patient steet.

Dir Dammen an Hären, aus all dëse Grënn hu sech die gréng och de Kampf géint die verstoppte Krankmaacher an eisem Alldag an d'Behandlung vu Betreffene schonn ëmmer op de Fändel geschriwwen.

**Une voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen** (däi gréng), interpellateur | Dëst kann een an eise Walprogrammer, parlamentaresche Froen a Rieden an Artikelen zum Thema Ëmweltmedezinn noliessen.

Für de Punkt ze maachen, wou Lëtzebuerg haut no ville Jore steet, mee och für gewuer ze ginn, wéi et konkret weidergeet, hunn ech dës Interpellatioun mat der Ënnerstützung vun der grénger Fraktioun ugefrot.

De Wee an der Regierungsprogramm huet d'Ëmweltmedezinn 2004 gepackt, wéi e Service national de la médecine de l'environnement sollt geschaaft ginn. 2009 stoung dunn am Koalitionsaccord vun CSV an LSAP, dass d'Initiativen an d'Aktivitéiten solle weidergefouert ginn. Mat der Participatioun vun deene Grëngen ass et dunn 2013 méi a Richtung Gesamtkonzept gaangen.

De Service national de médecine de l'environnement sollt mat der Servicer vun der Aarbechtsmedezinn, dem Laboratoire national de santé, dem Centre de recherche publique an der Ëmweltambulanz zesummeschaffen. An der Service vun der Ëmweltmedezinn sollt an d'Division de la sécurité du travail integréiert ginn, den haitege Service de la santé au travail et de l'environnement.

Am Koalitionsaccord vun 2018 ass du prezisiéiert ginn, dass d'Ëmweltmedezinn soll duerch eng ambulante a

stationär Offer vu klinesch Ëmweltmedezinn am Spidol komplettéiert ginn, für d'Patienten mat schwéiere Verleeft an engem schuedstofffräiem Ëmfeld, deene sougenannte „clean units“, kënnen ze betrieien.

D'Ëmweltklinik gouf och schonn am Plan hospitalier vun 2018 festgehalten.

Do dernieft hält deen aktuelle Koalitionsaccord och fest, dass für die nei Therapieméiglechkeeten eng Nomenclature, Tarifier an der Remboursementer festgeluecht solle ginn.

Ausserdeem ass virgesinn, dass d'Analysen, für die cheemesch, mikrobiologesch an elektromagnéitesch Polluanten ze detektéieren, müssen erëmbezuelt ginn. Nëmme esou ka garantéiert ginn, dass net just Leit mat engem décke Portmonni et sech kënnen leeschten, vun engem Ëmweltmedezinner behandelt ze ginn.

Natierlech gëtt an der Ëmweltmedezinn och gutt forméiert Personal gebraucht. Dofir ass et wichteg, zu Lëtzebuerg eng Basisinformatioun an eng Formation continue opzebauen.

Schlussendlech, für all d'Aspekter vun der Ëmweltmedezinn kënnen ze regroupéieren, soll eng interministeriell Plattform gegrënnt ginn, wou d'Ministère vun der Santé, vun der Sécurité sociale, dem Travail, der Ëmwelt an der Landwirtschaft eng national Strategie en matière de santé environnementale sollen ausschaffen.

Dir gesitt, laut dem aktuellen Koalitionsaccord soll d'Ëmweltmedezinn systematesch vun der Basis hier opgebaut a weiderentwéckelt ginn. Allerdéngs ass et mir a menger Fraktioun net ganz kloer, a wéi eng Richtung et geet. Ier ech dorop aginn, wéilt ech awer für d'éischt e Bléck no hanner geheien an op d'Situatioun agoen, wéi se sech zu Lëtzebuerg stellt.

Scho Mëtt den 90er-Joren huet d'Politik ugefaangen, sech méi systematesch Gedanken iwwert d'Ëmweltafflëss op d'Gesondheet vum Mënsch ze maachen an éischt Mesurë geholl. Esou ass 1994 de Service de la médecine de l'environnement gegrënnt ginn.

Enn den 90er-Joren ass am LNS de Service surveillance biologique et hygiène de l'air gegrënnt ginn, deen haut Service de surveillance biologique et hygiène du milieu heescht an dee sech op d'Detektatioun vun Elementer a cheemesche Stoffe am Haushalt konzentréiert.

Am Joer 2000/2001 gouf Formatioun an der Ëmweltmedezinn ugebueden, wou 25 Persounen drun deelgeholl hunn. Leider war dës Formatioun eemoog. Vill Leit, die deemoos d'Formatioun gemaach hunn, exercéieren haut net méi. Hei stellt sech d'Fro, firwat dës Formatioun net reegelméisseg ugebuede ginn ass an ob mat den Absolventen e Suivi gemaach gouf, für d'Pertinenz vum Formatiounsinhalt op der Aarbecht mat de Patienten ze evaluéieren.

An 2015 ass de Service de la médecine de l'environnement an d'Division du travail an der Division de la santé au travail et de l'environnement zesummegeleecht ginn. Zesumme mam LNS forméieren die zwee e wichtegen Outil, für d'Pollutioun innerhalb vu Gebaier ze analyséieren.

An der Betriber gi Bilane gemaach iwwert d'Expositioun vis-à-vis vu geféierlechen Substanzen, mam Zil, de Risiko vu Berufskrankheeten ze minimiséieren. Et ginn awer och Analysen an der Privathäuser gemaach, wou de längere Kontakt mat Substanzen wéi Formaldehyd, Permethrin, Feierschutzmittel, Phthalaten oder Schwermetaller zu Allergien, chronischen Irritatiounen oder anere Gesondheitsproblemer ka féieren.



An der Zesummenaarbecht mat anere Servicer ginn awer och d'Liewensmëttelen op de Mäert op Schweißmetaller oder Allergene kontrolléiert. An d'Sich no Phthalaten an de Spillsaachen an anere Kannerartikelen erlaabt et, Kanner virun enger vun de grousser Quelle vu Perturbateurs endocriniens ze schützen.

De Regruppement vun all dësen Analysen am LNS erlaabt et, qualitativ héichwäerteg a standardiséiert Resultater ze kréien, mat deenen en Ëmweltperturber oder en Dokter d'Quell vun der Pollution erausfanne kann.

D'Interpretation vun de Resultater ass awer alles anescht wéi einfach, well d'Konzentration vun de geféierlechen Stoffen kleng ka sinn an d'Kausalitéit net ëmmer einfach hierzestellen ass.

Ee Projet, dee laang gutt funktionéiert huet, ass dee vun der Ëmweltambulanz aus dem Gesundheitsministerium, déi bei Betriber, awer och bei Privatleut geet, wann e Verdacht op Ëmweltgëfter besteet. D'Privatpersounen kréien déi Analyse rembourséiert, wa se e Rezept vun engem Dokter dofir hunn.

No enger Visitt ginn dann zesumme mam LNS Analyse gemaach, dat souwuel am Haus wéi och bei de Leit. Leider stagnéiert d'Aktivitéit vun der Ëmweltambulanz ass souguer réckleefeg, wat wierklech bedauernswäert ass. Dës geet aus der Äntwert vun der Ministesch op eng parlamentaresch Fro vu menger Fraktionskolleegin Josée Lorsché a vu mir selwer ervir.

Bei de Privathäuser waren et 2017 206 Visitten, 2018 92, 2019 72 an 2020 37. 2021 si se elo op 51 Visitten. D'Erklärung fir dës Situatioun war eng Baisse vum Personal am Service de l'environnement an eng Restrukturierung beim LNS. Leschten Informatiounen no ginn d'Analysen och net méi mat enger Interpretation un d'Leit weidergeleet, soudatt d'Leit an d'Dokteren zwar wëssen, wéi eng Substanz present ass, awer net méi wëssen, aus wéi engem Material bei de Leit am Haus dës kéint stamen.

Idealerweis misst e Spezialist a Banneraumschuedstoffsystematesch bei d'Leit heemgoe fir ze kucken, aus wéi engem Baumaterial an der Wunneng de problematesche Schuedstoff ka stamen, a Propose maachen, fir dës Baustoff am Idealfall ze ersetzen.

Wichtig war awer och, dass déi, déi d'Analyse maachen, dat heescht d'Mataarbechter vum LNS, sech mat de Patienten austauschen, ier se d'Analyse maachen. Bei esou enger Anamnesen kënnen nämlech wichteg Hiwaiser vun de Patienten kommen, déi de Choix vun den Analysen kënnen orientéieren.

Bei engem Gespréich mam LNS hu mer dann och erkläert kritt, dass si sech dëser Problematik bewusst sinn a wëllen Ännerungen an deem Sënn an hire Prozedure virhuelen. D'Fro, déi sech hei stellt, ass, ob geplangt ass, de Service de l'environnement personnel esou opzestocken, dass et erméiglecht méi Visiten vun der Ëmweltambulanz kënnen gemaach ginn an dass déi betraffe Leit erméiglecht cibléiert Berodung kënnen kréien.

Dir Dammen an Härren, et gesäit een, dass zu Lëtzebuerg den Akzent haaptsächlech op d'Analysen vun den Ëmweltgëfter geluecht ginn ass. D'Interpretation vun de Resultater, d'Diagnos an d'Traitement vun Ëmweltkrankheeten bei eenzelne Leit si bis haut weening vum Staat gefërdert ginn, an dës, obwuel 5 % vun der Bevëlkerung betraff sinn, an 0,5 % staark. déi gréng verstinn eigentlech net, firwat et an deem Dossier net virugeet.

D'Decision, dass d'Ëmweltklinik, wou och klinesch Ëmweltmedezinn soll praktizéiert ginn, soll an de CHEM kommen, ass scho Mëtt 2019 vum deemolege

Gesundheitsminister Étienne Schneider geholl ginn, deen deemools de Projet vum CHEM engem änlechen Projet vun den Hôpitaux Robert Schuman virgezunn huet. Bis dat net Südspidol steet, soll e Provisorium um Site Nidderkuer entstoen.

Um Internetsite vum CHEM konnt een dann och Enn 2019 noliessen, dass de Service vun der Ëmweltklinik op enger Surface vun 200 Meterkaree géif entstoe mat zwee „clean rooms“. Dat sinn Zëmmeren, déi géint all extern Aflëss, environmentaler grad ewéi elektromagnéitescher, ofgeschott sinn - souzesoe „baubiologesch neutral“.

Ausserdeem solle sechs Raim fir ambulant Consultatiounen, eng Salle d'attente, zwee multifunktionell Säll fir ambulant Traitement a weider therapeutesch an administrativ Raimlechkeeten entstoen. Dat sollt Enn 2021 funktionsfäeg sinn, wat jo manifestement net de Fall ass.

An der Äntwert vum 24. Mäerz 2021 op d'parlamentaresch Fro Nummer 3705 vu menger Fraktionskolleegin Josée Lorsché a vu mir zu der Entwécklung vun der Ëmweltmedezinn, wéi se am Koalitionsaccord festgehalen ass, hutt Dir, Madamm Ministesch, eis geäntwert, dass duerch d'Covidpandemie den initiale Planning, fir d'Ëmweltklinik Enn 2020 oder Mëtt 2021 zu Nidderkuer opzemaachen, net konnt respektéiert ginn, mee dass déi éischt Patienten Enn 2023 kéinten zu Nidderkuer empfaange ginn.

Aus där Äntwert gong och ervir, dass et nach net kloer ass, ob se soll an dat besteeënd Gebai kommen oder an eng nei gebauten Annex. Do war nach eng Etüd d'implémentation ënnerwee.

Ausserdeem huet Dir eis an deem Kontext och informéiert, dass de CHEM vu Spezialisten aus der Ëmweltmedezinn a vun Associatiounen aus deem Beräich berode gëtt.

Da soll de CHEM och op d'Expertisen vun engem internationalen Spezialist zrëckgräifen, fir e medezinnescht Konzept op d'Been ze stellen, an e Baubiolog aus dem Ministère de l'Énergie soll de Projet „clean unit“ begleeten, wat d'Baumaterialie betrëfft.

Duerfir meng Fro un Iech, Madamm Ministesch, wou déi Étude d'implémentation drun ass an ob mer am Planning leien, dass mer d'Diere vun der Ëmweltklinik mat der „clean unit“ an engem kohärenten Konzept fir klinesch Betreuung vun de Patienten Enn 2023 kënnen opmaachen.

No de rezenten Aussoe vum CHEM-Direkter am RTL-Journal schéngt mer hei jiddefalls Handlungsbedarf ze bestoen, well souwuel de stationären Ëmweltservice wéi déi ambulant Behandlungsméiglechkeeten vum CHEM-Direkter a Fro gestallt ginn. Dës ass erstaunlech, well et ass op Basis vun engem Projet vum CHEM, deen dës stationär an ambulant Servicer beinhaltet, wou de CHEM de Service national de la médecine environnementale attribuéiert kritt huet.

En zweete Projet fir eng Ëmweltklinik war vum HRS agereecht ginn. Och dës Projet hat „clean rooms“ virgesi souwéi eng insgesamt baubiologesch neutral Bauweis vum ganze Service. Elo, wou de CHEM sech wëllt aus dem Projet zrëckzéien, wier et eventuell eng Alternativ, d'Ëmweltklinik dann awer um Kierchbierg ze realiséieren.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll net falsch verstane ginn: déi gréng begreifen et ausdrécklech, dass d'Ëmweltmedezinn zu Lëtzebuerg op breet Féiss soll gestallt a vun ennen erop organiséiert ginn. A mir kënnen allgemeng mam Konzept vum CHEM, am Zesummespill mat der Uni a mam LNS, averstane sinn, well dee souwuel d'Consultation vum Patient, d'Formation vum medezinneschen a Fleegepersonal

souwéi d'Recherche matenee verbënnt a fir d'Médecine environnementale a faktebaséiert Kader schafft.

Et ass och gutt, dass ab Abrëll 2022 am CHEM Consultatiounen vu Spezialisten sollen ulafen. An et ass och wichteg, dass e Labo mat am Boot ass, deen an dës spezifeschen Analyse spezialiséiert ass.

D'Chance, dass d'Uni.lu och mat participéiert, garantéiert d'Formation an d'Formation continue a bitt och d'Méiglechkeet, fir Fuerschung am Beräich vun der Ëmweltmedezinn ze bedreiwen. Et brauch och e Réseau vun Dokteren an anere Professions de santé am Extrahospitalier-Beräich, déi eng gutt Ausbildung an der Ëmweltmedezinn hunn. An all déi aner sollen och op de Sujet sensibiliséiert ginn.

Als Verrieder vun der grénger Fraktion kann ech awer schweier novollzéien, firwat dës Konzept net scho laang ausgeschafft ginn ass, well et ass jo net un zousätzlech Raimlechkeeten gebonnen. Wéi ass et méiglech, dass zanter der Decisioun, dass d'Ëmweltklinik an de CHEM soll kommen, dat do net scho laang steet?! Dat, wat de CHEM, Uni.lu an den LNS elo presentéieren, hätt och schonn 2020 kënnen presentéiert a lancéiert ginn.

**Une voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen** (déi gréng), interpellateur | Wat bei eis awer am meeschten Onverständnis ervirriff, ass, dass am Dossier Ëmweltklinik wichteg Zäit verluer gaangen ass an hir Realisation en tant que tel alt erëm a Fro gestallt gëtt. Ech muss soen, dass dës Entwécklung déi gréng extreem beonrouegt. Ech denken allerdéngs, net nëmmen eis!

Duerfir wëllt ech gär vun Iech, Madamm Gesundheitsministesch, wëssen, ob a wéini dass dës Infrastrukturen, déi am Koalitionsaccord stinn, dann iwwerhaupt realiséiert solle ginn an ob et schonn entsprecheend Kontakter mam CHEM a mam HRS goufen, fir iwwert déi rezent Revirement ze schwätzen a wat d'Konklusiounen sinn, wann et der da scho gëtt.

E weidere Problem ass, dass et nach keng remboursabel Tariffer fir Analysen an Traitement zu Lëtzebuerg gëtt. Dës ass problematesch, well dës oft deier sinn an domat just Leit, déi sech et leeschte kënnen, zur Verfügung stinn, wat de facto eng Zweeklassesmedezinn duerstelt an net dem solidareschen Gesundheitsmodell entsprécht, dee mir Gréng eis virstellen.

Duerfir wëllt ech dann och vun Iech wëssen, Madamm Ministesch, wéini mat enger Propos fir eng Nomenclature vum entsprecheender Groupe de travail ze rechnen ass, esou wéi dat an der Äntwert op eng parlamentaresch Fro mengersäits annoncéiert gouf.

Fir eng komplett, héich qualifizéiert a faktebaséiert Ëmweltmedezinn zu Lëtzebuerg opzebauen, brauch et awer och eng gutt Formation a Fortbildung, an dat net nëmme bei de Medezinnen, mee och beim Fleegepersonal. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro gong rieds vun enger éischter Formationsronn am éischten Semester 2022. Duerfir meng Fro, ob deen Timing kann agehale ginn an ob gegebenfalls schonn Interessente sech konnten umellen. A wa jo, wéi vill?

Schlussendlech wëllt ech dann och nach wëssen, wéi et ëm d'Plateforme interministérielle steet, déi déi national Strategie an der Ëmweltmedezinn soll ausschaffen. Wéi ass den Experten hir Aschätzung zum Revirement an der Position vum CHEM?

Här President, Dir Dammen an Härren, ofschléissend wëllt ech soen, dass mer, esou wéi dat och am Koalitionsaccord festgehalen ass, d'Méiglechkeet an



och d'Moyenen hunn, fir zu Lëtzebuerg d'Ëmweltmedezinn an hirer Globalitéit weiderzëentwéckelen.

Den Extrahospitalier-Beräich muss hei déi éischt Ulafstell si fir Patiente mat Ëmweltkrankheeten. Wichteg ass, dass ee vun Ufank u richtig orientéiert gëtt an net vun Dokter zu Dokter muss lafen, ier een d'Méiglechkeet vun enger Ëmweltkrankheet an d'A fasst. Duerfir ass et extrem wichteg, dass d'Thematik vun der Ëmweltmedezinn net just fir interesséiert Gesondheitsberuffer do ass, mee méiglechst zur Grondausbildung soll gehéieren.

Wann de Patient méi déifgräifend Analysen an Traitementer brauch, ass et wichteg, en ambulante Service an engem Spidol ze hunn, wou de Patient en charge ka geholl ginn. A wann en duerch seng Krankheet net méi kann a sengem gewinnnten Ëmfeld wunnen oder schaffen, brauch et eng Ëmweltklinik, déi baubiologisch neutral ass, wou de Patient kann ouni Ëmwelt-aflëss ënnersicht a behandelt ginn an och während enger längerer Zäit ka bleiwen.

déi gréng sinn ausserdeem der Meenung, dass d'Ëmweltmedezinn fir jidderee muss accessibel sinn. Duerfir ass et dréngend, dass sech mat de betreffende Gesondheitsberuffer zesummesat gëtt, fir eng Nomenclature, Tariffer an hir Remboursementer zeschaffen an déi ze applizéieren, fir dass net nëmmen déi Leit an de Genoss vun enger Ëmweltmedezinnescher Behandlung kommen, déi déi néideg Suen dofir hunn.

Zu engem Gesamtkonzept gehéiert, wéi gesot och, d'Formatioun, d'Fuerschung an e spezialiséierte Labo. Mat der Ëmweltklinik am CHEM, der Uni an dem Centre de recherche um Belval a mam LNS zu Dideleng hu mer all déi wichteg Acteure beieneen, fir kënnen zesumme mat den Ëmweltmedezinner aus dem Exhospitalier eng wëssenschaftlech baséiert Ëmweltmedezinn fir all eis Bierger zu Lëtzebuerg an - firwat net? - doriwwer eraus weiderzëentwéckelen. All Weiche si gestallt. Mir mussen den Zuch awer och zäitno un d'Rulle bréngen.

An deem Sënn soen ech Iech, Madamm Ministesch, am Viraus Merci fir Är Explikatiounen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Hansen.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, fir d'alléierscht och e Merci un den Här Hansen, deen am Numm vun der grénger Fraktioun dës Interpellatioun iwwert d'Ëmweltmedezinn hei an der Chamber lancéiert huet.

Et ass net déi éischt Interpellatioun hei an deem Beräich, well wann ech zrëckkucken - ech wollt e kleng Réckbléck maachen -, gesinn ech, dass mer an den 90er-Joren oft iwwert d'Problematik an deem Haus hei geschwat hunn. A wéi och den Här Hansen et gesot huet, gouf 1994 de Service de médecine environnementale geschaaft, an dat selwecht Joer och d'Ëmweltambulanz. Dat war eng gutt Iddi deemools.

Et ass gesot ginn, déi missten dann d'Privat- an d'Aarbechtsplazen op Schuedstoff ënnersichen. An do huet mussen e Schreiwes vun Dokter do sinn, dann huet dat wonnerbar fonctionéiert. An deene Joren, ech mengen, dat huet den Här Hansen och gesot, ass och d'Ausbildung an der Ëmweltmedezinn lancéiert ginn.

A mir hunn dann och méi of hei an der Chamber, wéi gesot, vun Ëmweltgesondheetsschied geschwat. Ech ka mech un eng Kéier erënneren, et goung ëm d'chronesch Belaaschtung duerch Pollutioun an de Gebaier. Mir hunn hei iwwert de Kaméidi geschwat, deen do war. An do misst eng Kaart opgestallt ginn, Point-noiren, wou dann dee meeschte Kaméidi ass.

Ech erënnere mech och gutt un eng Interpellatioun aus dem Joer 2001, also vu viru méi wéi 20 Joer, wou mer iwwert déi elektromagnéitesch Wellen, also den Elektromog, d'Héichspannungen, d'Héichfrequenzinstallatiounen, deemools den DECT-Telefon, d'GSM-Antennen an esou weider hei diskutéiert hunn.

An et ass ëmmer dat selwecht gesot ginn: „Mir müssen eppes maachen“, well déi kënnen allegueren, dat war dann den Tenor, „qui peuvent d'être cancérogènes pour l'homme“. An d'OMS oder d'WHO - wéi ee se och wëllt nennen - huet deemools och schonn als Referenz gedéngt.

Wann ech haut zrëckkucken, an ech hunn dat zrëckgelies, wat do geschitt ass par rapport zu deenen 20 Joer, wat dann do realiséiert ginn ass, da muss ech soen: Et ass net alles esou komm, wéi mer dat gemengt hunn!

Et ass kloer, elektromagnéitesch Stralunge „peuvent être cancérogènes“, huet et jo geheescht. Haut heescht et souguer esou - an AKUT huet dat lancéiert, mengen ech, dat war virun een, zwee Joer -, dass d'Stralunge vun den Handyen a vum WLAN net nëmme verantwortlech fir gesondheetlech Problemer beim Mënsch wäeren, mee se wäeren och nach fir d'Insektstierwe mat responsabel. Si hu sech do op eng 80 wëssenschaftlech Etüde beruff. Mee anscheinend ass et awer esou, dass d'Däitsch Bundesamt fir Stralenschutz dat refutéiert a seet, dat wär alles net ganz kloer.

Bon, ech weess, et ass ëmmer viles kontrovers am Ëmweltberäich. An esou ass et och bei der Petitioun 1560, déi mer hei diskutéiert hunn am Abrëll 2020, wéi och de 5G direkt hei endgültig sollt gestoppt ginn. Deemools ass geschwat ginn, dass soll eng Kreatioun gemaach gi vu Zone-blanchen, dat heescht Zonen, wou d'Mënsche kënnen sinn a wou keen Telefon ass, keen Internetsreseau ass. Mee do gëtt och gesot, déi wëssenschaftlech Basis dofir wier relativ dënn!

Gutt. Ech weess, Ëmwelt-Mënsch, d'Interaktioun ass komplex. Awer eng Konstant ass ëmmer do, dat ass, dass d'WHO ëmmer als Referenz do ass. Dofir wollt ech och dann ufänken, andeem ech méi an den Detail eraginn, fir e puer Beispiller ze nenne vun Ëmweltkrankheeten, déi vun der WHO unerkannt sinn. Dat sinn zum Beispill: d'multipel Chemikaliensensibilitéit, de chronesch Middegkeetssyndrom, déi elektresch Hypersensibilitéit, déi sougenannt „building-related illnesses“, an dann och e „sick building syndrom“ oder d'Fibromyalgie.

Et gëtt also hei zu Lëtzebuerg en Existant an dem Spannungsfeld Mënsch-Ëmwelt-Ëmweltkrankheeten-Ëmweltmedezinn, an dee gëllt et ze analyséieren an ze verbessern. Dat, mengen ech, wëllt all Politiker. D'Politik huet a sech do en Instrument, fir dat ze maachen, dat ass eeben de Regierungsprogramm! Dofir wollt ech dann op e puer Punkte vum Regierungsprogramm agoen aus dësem Beräich.

Am Regierungsprogramm steet fir d'éischt emol d'Schafung vun engem Service national de médecine de l'environnement. Da steet dran, et solle spezialiséiert Formatiounen fir Doktere kommen, Tariffer fir vun der EU unerkannt Diagnosen an Therapien, gratis vum Dokter verschriwwen Schuedstoffanalysen, eng national Strategie zur Ëmweltgesondheet vun de Ministère fir Gesondheet, Schoul, Aarbecht, Ëmwelt a

Landwirtschaft. Dat si Punkten aus dem Regierungsprogramm.

Deen éischten, an dat ass deen, deen elo kontrovers diskutéiert gëtt, dat ass d'Schafung vun engem Service national de médecine de l'environnement. De stationären nationale Service vun der Ëmweltmedezinn soll an de CHEM kommen. An déi Ëmweltklinik - esou kann ee se och nennen - steet schonn effektiv e puer Legislaturperioden an de Koalitionsaccorden. Et gouf scho vill Gestreits, an et gëtt es haut jo dann nees.

Mee schliisslech ass se awer dann elo do gelant, wou am Fong geholl e laangjäreg Verfechter vun der Ëmweltmedezinn an och de Grënner vun AKUT, de Muck Huss, dat gefuerdert huet, zu Esch.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Mee elo ass et schonn nees mat enger Kontrovers lassgaangen iwwert d'Plaz. Dat sollt jo d'Südspidol sinn. Do huet, mengen ech, am Joer 2018 AKUT geschriwwen, dass d'Südspidol definitiv als Plaz fir d'Ëmweltklinik ongëeegent wier, well eng „clean unit“ duerch d'Proximitéit vun Autobunn, Stroossen an Tankstelle schwéier realisabel wär, an e Spadséiergang dobauss fir Patienten net méiglech. Fakt ass awer, dass d'Südspidol sollt d'Adress gi vun där Ëmweltklinik.

An Ufank 2019 - et ass elo grad schonn ugeschwat gi vum Här Hansen - gouf et ganz konkret, well do waren zwee Projeten, déi agerecht goufen, ee vum CHEM vun Esch an ee vum HRS Kierchbiere. An och do ass et nees eng Kontrovers ginn, déi der och an der Press, och haut nach an der Zeitung konnt noliessen: D'Kandidatur vum HRS, dat war eng Unitéit vu 500 Meterkaree mat zwee stationäre Better an zweief ambulante Better an engem neie Gebai, dat elektromagnéitesch ofgeschiermt wier a wou d'Press selwer schreift, dat wier a sech besser wéi den originale Projet vum CHEM. Ech weess net, ob dat esou ass. Déi original Kandidatur, dat sinn zwee stationär Better mat sechs ambulante Better, an déi gouf dann och vum Minister zrëckbehalen.

De Minister Étienne Schneider huet nom Avis vun der CPH - ech mengen, deen huet misse kommen - déi zwee Projete gläichwäerteg betruecht an dunn huet hie sech fir de CHEM entscheet, well e gesot huet: „Am Gesetz vum Südspidol, do ass effektiv de Service de médecine de l'environnement integréiert.“ An en huet och gesot, dat wär méiglech, och wann d'Südspidol eréischt kéim - deemools ass gesot ginn 2025/26, dat gesäit awer awer éischter no 2028/29 aus -, well eng Tëscheléisung méiglech wär.

Bon, deemools ass och gesot ginn. „Dat do ass eng politesch Decisioun. Si hätten dat och kënnen an d'Stad setzen.“ Ech wëll net dorop agoen. Ech weess just, dass provisoersch sollt eng Unitéit fir Ëmweltmedezinn, déi sougenannt „clean unit“, an d'Nidderkuerer Spidol integréiert ginn, an engem Container. Se sollt och baubiologisch clean sinn an et sollten eebe keng elektromagnéitesch Stralen duerkommen, keng cheemesch Ofgaser a keen Elektromog. D'Personal dierft keen Handy a keng Kosmetik mathuelen, an esou weider an esou fort. A laangfristeg dann, wéi gesot, Südspidol Horizont 2028/2029/2030.

Gutt. Dee Projet sollt - dat wollt ech och eng Kéier hei soen - iwwert de Gesondheitsministère an net iwwert d'Krankekeess finanziéiert ginn. A Stein des Anstoßes ass eeben elo, well dee fréiere CHEM-Generaldirekte elo dee Projet do 2019 lancéiert huet. Dee sollt dann Enn 2020, Ufank 2021 ufänke mat enger Ëmweltmedezinnitéit, also eng Gebailechkeet.

Gutt, richtig, et ass scho gesot ginn: Den Dokter Metz, deen neie CHEM-Direkte, huet e Projet virgeluecht,



wou en am Fong geholl de Schwéierpunkt net méi op déi stationär Struktur leet, mee op en nationaal medezinnescht Basiskonzept, an ech wollt och herno dorop agoen.

En zweete Punkt, deem ech am Regierungsprogramm fonnt hunn, ass: spezialiséiert Formatiounen fir Dokteren. Fakt ass, ech hat et scho gesot, déi historesch Ëmweltmedezinn ass an den 90er-Jore lancéiert ginn. An d'CSV/DP-Regierung hat déi Formatioun deemools agefouert. Mee, wann ech dat muss gleewen, wat de Roby Thill gesot huet, an hie praktizéiert jo esou Medezinn, seet hien, haut géifen nach déi weinegst Dokteren, déi deemools ausgebild gi waren, dat nach maachen, well et sech net fir si rechent. Esou huet en et gesot. Dat heescht, et géif sech net fir si rechnen an d'Patienten missten dach nach dat meescht bezuelen, wat se misste rembourséiert kréien. Gutt.

Et schéngt och esou ze sinn, an ech hunn et emol gekuckt, dass och duerno net méi déi genannte Formatioun war - ech mengen, och den Här Hansen huet dat elo gesot -, déi war just eemol. An där spéiderer Koalitioun ass duerno näischt méi an deem Beräich geschitt. Dat schéngt also effektiv dann esou ze sinn.

Här President, Madamm Minister, kënnst Der eis do vläicht Zuele ginn, ob dat esou ass a wéi déi Situatioun do ass?

Gutt. Virun e puer Joer ass dann d'Association luxembourgeoise de médecine de l'environnement, d'ALMEN gegrënnt ginn. Hire President, de Roby Thill, praktizéiert jo an deem Beräich. Ech mengen, hie wär och e gudden Usprichpartner am Kader vun deem neie Konzept. Ech hat och gesinn an deem Communiqué, wien alles derbäi war zu Esch, wéi am Hierscht d'lescht Joer e Workshop war, do war hien och do derbäi. Ech mengen, dat ass eng gutt Saach. Ech mengen, esou Volete sinn och an deem Bestanddeel vum Konzept dran, dat heescht, de Volet „spezialiséiert Formatioun fir Dokteren“.

Een anere Punkt, deem ech fonnt hunn am Regierungsprogramm, sinn d'Tariffer fir vun der EU unerkannten Diagnosen an Therapien. Dat wäire jo dann notament déi sechs Pathologien, déi ech virdu genannt hunn. Dat mécht jo dann och Sënn, well wann et esou ass, wéi den Här Thill seet, dass, wa Spezialisten net méi géifen exercéieren, well et sech net géif fir si rechnen an d'Leit näischt géife bezuelt kréien, misst dee Moment, wa mer déi EU-unerkannten Diagnosen an Therapien um Dësch hunn, mengen ech, dat och rembourséiert gi vun der Krankekeess.

Da waren nach zwee Punkten, déi ech och gelies hunn. Gratis vum Dokter verschriwwen Schuedstoffanalysen, do ginn effektiv haut Verschiddener rembourséiert, anerer net. Ech mengen, den Amalgamm zum Beispill gëtt net rembourséiert. An dann nach eng national Strategie zur Ëmweltgesondheet vum Ministère fir Gesondheet, Soziales, Aarbecht, Ëmwelt a Landwirtschaft.

Justement Stéchwuert „Analysen an national Strategie“. Do hunn ech och an engem „Reporter“-Artikel vun 2020 gelies, do gëtt thematiséiert, datt d'Ëmweltambulanz komplett vernoléisst gëtt. Den Dokter Thill schwätzt souguer vun engem nach ni errechten Déifpunkt. Hie seet: „Et gi méintelaang Waardezäiten an den Effektiv vun där Ëmweltambulanz ass vu véier Persounen“, dat war am Joer 2012, „op nëmmen zwou Persounen méi erofgaangen am Joer 2020.“ Laut AKUT befënn sech dorënner emol keen adequat forméierten Expert méi. An dobäi soll awer d'Ëmweltambulanz ronn 500 Ënnersichunge pro Joer duerchféieren.

Här President, ech wollt d'Madamm Minister froen, ob si Kenntnis huet vun där Situatioun an ob

d'Ëmweltambulanz Bestanddeel vun esou enger nationaler Strategie bleift an ob se sech eventuell un dat medezinnescht Konzept vum CHEM uleent.

Nach e puer aner Fakten an der Situation existante, déi an der Diskussioun matspillen, wou ech mer och Froe stellen. Ech hu gesinn um Guichet.lu, do steet de Service de la médecine de l'environnement. Awer déi Sait drënner, déi ass eidel. Do fënnst ee just d'Lokalisatioun. Dee Service ass op 3, route d'Arlon. Et si soss keng Detailer do. Dat fannen ech och net gutt.

Dann hunn ech gesinn, mir hunn de Conseil national pour la construction durable kritt. Dee gouf 2014 geschafen a krut laut AKUT 2018 en Aarbechtsgrupp fir Gesondheet. Hie sollt e Thinktank sinn, an 2014/2015 gouf dann och en éischten Aktiounsplang lancéiert. Do sollt nohalte gebaut ginn. An ech mengen, do géif jo och eng ëmweltmedezinnesch Komponent Sënn maachen duerch déi Materialien, déi benotzt ginn. Ginn déi a Betruecht geholl? A wéi ass dat mat deem Aarbechtsgrupp am Environnement? Wat ass do derbäi erauskomm?

Da wollt ech nach op e puer Punkten agoen, och vun AKUT nach eng Kéier, déi gesot huet, si hätten 2014 de Gesondheitsministère gefrot, fir e Label ze kréie fir Botzmëttelen. Si hätten dat virgeschloen an dat wier ofgeleent ginn. Ech fannen, dat ass eng interessant Initiativ, Här President. Ech mengen, ech kéint d'Madamm Minister nach eng Kéier froen: Firwat ass dës Initiativ dann eeben net ukomm?

Eng aner Kritik, déi ech och gelies hu vun AKUT: „Den Nohaltekeetscertificat Lenoz vun Ministère fir Wunnungsbauguet net wäit genuch.“ Da schreiw se am selwechten Otemzuch: „De Kriibspiang geet net genuch op kribserreegend Baustoffen an.“

An eng weider Kritik ass: D'Regierung huet Rauchmelder verdeelt, mee keng Monoxid-, also keng CO-Melder. CO. dat ass jo Monoxide de carbone. An do stierft ee jo, well si soen effektiv: „D'Doudesursaach bei engem Brand ass net d'Verbrennung, mee d'Vergëftung.“

Gutt. Ech kréie vläicht haut e puer Äntwerten dorop. Ech wollt dat awer hei nach emol opféieren a mengem Listing.

An da kommen ech och nach op de LIST ze schwätzen, well do gëtt et jo och e Groupe de recherche zum Sujet „environmental health“.

Ech huelen un, dass dat, wat do geschafft gëtt beim LIST, dass dat herno och wäert an dat neit medezinnescht Basiskonzept vum CHEM afléissen. An d'Madamm Minister ka mer och vläicht dorop eng Äntwert ginn, well dat neit Konzept werft effektiv Froen op.

Wann een awer déi Initiativ vum CHEM, fir fir d'éischt een nationaalt Basiskonzept aus medezinnescher Siicht auszeschaffen, esou kuckt, mengen ech, da muss een dat verstoen. Well déi nei Demarche ass jo nëmme méiglech ginn, dat ass fir mech awer kloer, well eis Uni éischters e Bachelor an deem Beräich proposéiert an zweetens, well de Laboratoire national de santé déi medezinnesch Kompetenz an der Médecine environnementale huet, an dat ass den Dokter An Van Nieuwenhuyse.

Dat heescht, dat sinn awer nei Momenter. Ech fannen et flott, mat deem Package do kann een eventuell spezifesch hei zu Lëtzebuerg e Lëtzeburger Modell opstellen an et brauch een net méi, wat ëmmer an de Raum gestallt ginn ass, e Konzept aus dem Ausland op eist Land ze adaptéieren.

Doriwwer eraus soll och an deem Communiqué, hunn ech gelies, eng holistesche Approche kommen, an net

nëmmen, wéi bis elo, ëmmer ganz oft nëmmen eng toxikologesch Approche an deem Beräich. Well do gëtt et effektiv vill Stressfacturen, ech mengen, den Här Hansen ass och drop agaan: cheemescher, physescher, biologescher an och psychosozialer.

Gutt. Also, dee Wee, deem de CHEM do wëllt aschloen, ass e schrittweise Wee, e „step by step“, eng Ëmsetzung, wou aus dem funktionelle medezinnesche Basiskonzept déi infrastrukturell Noutwendegkeete sech géifen erginn. An do gëtt et jo eng éischt Deadline an op déi mussen mer waarden. Dat ass de 15. Mee dëst Joer. Do soll dann e globaalt Konzept opgestallt ginn, dat duerno dann den Aval vun der Madamm Minister kritt. An esou steet et och an deem Communiqué.

Ech wëll nach eng Kéier widderhuelen, ech hat et virdu kuerz gesot: Dës Approche huet sech jo erginn aus engem internationale Workshop, qui n'est pas rien. Ech mengen, do waren am November vill Leit do aus der Ëmweltmedezinn. De CHEM war do vertruede mat der Uni Lëtzebuerg a mam LNS. A si hunn all d'Force-viven invitéiert: de Ministère de la Santé, de Ministère de la Sécurité sociale, d'AMMD, AKUT, ALMEN, SCENTE, Lëtzeburger, franséisch, belsch an däitsch Experten aus Aarbechts- an Ëmweltmedezinn. Déi hunn da mateneen diskutéiert, an doraus ass dann dat Konzept entstanden.

An effektiv schreiw se och an hirem Communiqué, datt soll eng Vernetzung komme vun der Ëmweltmedezinn duerch Erziéung a Formatioun vun Generalisten a Spezialisten. Dat ass emol een Element. An dann, wat wichteg ass fir mech, wéi ech dat gelies hunn: De Patient muss am Mëttelpunkt stoen, am medezinnesche Mëttelpunkt. Dat ass ganz wichteg!

An da steet och do dran, datt ambulant Consultatiounen sollen am CHEM stattfannen an engem spezialiséierten Zentrum. Parallell soll d'Erziéung an d'Formatioun vun medezinneschem Personal vun eiser Uni.lu an Zesummenaarbecht mat internationaler Expertise gemaach ginn. A schlisslech gëtt déi wëssenschaftlech Recherche an engem europäeschen an internationale Kontext gemaach. Hei gëtt och e Projet lancéiert, deem de Laboratoire national de santé begleet.

Ech mengen, dat ass e Package, deem awer kohärent ass. Effektiv gëtt net vu stationär geschwat, mee do kommen ech nach eng Kéier drop zrëck. Mee wat se och nach wëlle maachen, dat hate mer ëmmer an dat soll och elo kommen, do gëtt et mengen ech, och e groussen Accord bei alle Spezialisten: E Certificat Ëmweltmedezinn fir Generaliste soll relancéiert ginn. An de Laboratoire national de santé paakt eng Hand u beim Opstelle vun engem Konzept, dat net nëmmen eng Nomenclature op allen Niveauen aféiert, mee och dee ganzen analytesche Volet an déi noutwendeg Moosnamen, déi mussen geholl ginn, reegelt.

Ech mengen, do hätte mer awer e gutt Konzept a mengen Aen. Ech kennen et nach net, mir ginn et jo dann am Mee gewuer. Mee dat schéngt mer awer gutt ze sinn. An ech mengen, et ass fir mech och kloer, dass do och strukturell Better an esou e Konzept gehéieren. Dat ass kloer. „Dat ass wéi den Amen am Gebiet“, géif de Spautze Jang soen. An déi sollen dann en fonction vun deem Konzept geschafe ginn. Ech mengen, dat ass eng kohärent Demarche, an et ass och de bon sens.

Duerfir, Här President, Madamm Minister, Dir hutt jo wuel Kenntnis vun dëser Demarche. Dir kënnst eis da vläicht soen, awéifern dës Demarche mat eisem Regierungsprogramm, deem ech elo grad opgefouert hunn, dann iwwereneestëmmt oder och vläicht net. An Dir kënnst eis och soen, awéifern déi Situation existante duerch dat dote verbessert gëtt. Ech kann



Iech just soen, datt d'Zil muss sinn, eng qualitativ héichwäerteg Medezinn hei zu Lëtzebuerg ze maachen, och an der Ëmweltmedezinn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

*(Brouhaha)*

**Mme Carole Hartmann (DP)** | Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Mënsch hält a villerlee Hisiicht Afloss op seng Ëmwelt. D'Habitater vun Déiere gi verklengert, vill Wunnraum oder soss Infrastrukture gi geschaf, limitéiert Ressourcë gi genotzt, wéi wa se illimitéiert wieren. Eis Liewensweis bréngt d'Natur aus der Balance. De Klimawandel ass ee Resultat dovunner.

D'Ëmwelt hält hirersäits awer och Afloss op de Mënsch, well mir ontrennbar mat hir verbonden an och vun hir ofhängeg sinn. A well vill negativ Facteuren duerch eist Verhalen an eisen Ëmgang mat der Natur provozéiert ginn, kënnen mir och eppes dorunner änneren a preventiv Mesuren ergräfen.

D'Ëmweltmedezinn kann an deem Kontext eng wichteg Roll iwwerhuelen. Ma wat genee versteet een ënner Ëmweltmedezinn? A wat ass den Ënnerschied zur Ëmweltgesondheet?

D'Ëmweltgesondheet bezitt sech op divers Facteuren, déi en Afloss op eis Liewensqualität an eis Gesundheet huelen, wéi zum Beispill d'Qualitéit vum Waasser, vun der Loft a vum Buedem, Pestiziden, Liichtverschmutzung a Kaméidi, Allergien an Ernährung. Den Term Ëmweltmedezinn, par contre, bezitt sech op déi diagnostesch Prise en charge an d'Behandlung vu Patienten, deenen hir Krankheeten a Symptomer op Ëmweltfacteuren zrëckzeféiere sinn.

D'Lienen tëschent Ëmwelt a Gesundheet si scho méi laang bekannt. Schonn 1993 huet d'WHO e Konzeptpabeier dozou ausgeschafft. Zu Lëtzebuerg gouf och 1994 d'Ëmweltambulanz en place gesat. 2000 an 2001 gouf, ënnert dem deemolegen DP-Gesondheitsminister Carlo Wagner, och eng Weiterbildung an der Ëmweltmedezinn fir Dokteren ugebueden, déi sech duerno an der Association luxembourgeoise de médecine de l'environnement, kuerz ALMEN, zesummegeschloss hunn.

2005 gouf dunn en Accord fonnt, fir e Service fir Ëmweltmedezinn op d'Been ze stellen, deen an de CHEM integréiert sollt ginn. Zanterhier gouf d'Ëmweltambulanz ausgebaut an et gouf bei der Divisioun fir Aarbechtsmedezinn e Service fir Ëmweltmedezinn kreéiert.

Et muss awer, Kolleeginnen a Kolleegen, nach vill méi geschéien, well de Sujet ass ganz akut. 2019 huet d'WHO estiméiert, datt 15 % bis 20 % vun all de Stierfäll an der Europäescher Unioun op Ëmweltfacteuren zrëckzeféiere sinn a schätzungsweis all fënneften Doud op Loftverschmutzung zrëckzeféiere wär. An och d'Pandemie, déi wuel an enger Zoonos hiren Ursprung huet, ass ee gutt Beispill dofir, wéi ugräifbar eis Gesundheet vun Ëmweltafloss ass.

Den Impakt vun der Ëmwelt op eis Gesundheet gëtt ëmmer méi däitlech an et besteet dréngend Handlungsbedarf, fir adequat dorobber reagéieren ze kënnen.

Här President, et ass natierlech net nëmmen d'Loftverschmutzung eleng, déi eis krank maache kann. Mir müssen op eng ganz Rei vu Facteuren Uecht ginn, wa mir wëlle gesond bleiwen. Schimmel,

Konstruktionsmaterial wéi fréier zum Beispill den Asbest, Schwéiermetaller, Pestiziden an de Liewensmëttel si just e puer Beispiller vu Schuedstoffer, déi bei laanger Expositioun scho bei gerenger Quantitéit zu chroneschen Erkrankungen féiere kënnen. Si kënnen och Cofacteur vun aneren Erkrankungen sinn, dorënner Kriibs, Longekrankheeten oder kardiovaskulär Krankheeten.

Eisen Immunsystem ass méi wéi jee engem permanente Stress ausgesetzt. Andeems e probéiert, op all déi extern Facteuren ze reagéieren, vun Zousätz an eise Liewensmëttel bis hin zur Verschmutzung vun eiser Ëmwelt, gëtt en iwwerreaktiv. Eist Ëmfeld huet sech a relativ kuerzer Zäit vill verännert. Eisen Immunsystem ka sech dorunner net séier genuch upassen a keng Toleranz opbauen. Dat féiert warscheinlech zu der Hausse vun Allergien an Autoimmunerkrankungen, déi zanter e puer Joerzëngten ze beobachte sinn.

*(Brouhaha)*

Natierlech ass och sou munches geschitt, fir de Gebrauch vu schiedleche Stoffen anzeschränken. Dozou gehéiert zum Beispill de Verbuet vun Pestizid Glyphosat, dee Lëtzebuerg als éischt Land agefouert huet, d'Sensibiliséierung zum Asaz vun Antibiotiken an een nationale Plang vun 2019, mat deem den Asaz vun Amalgamme bei den Zänn doktere soll ageschränkt ginn.

Obwuel d'Wëssenschaft sech net eens doriwwer ass, wéi schiedlech den Amalgam fir de Patient an och den Zänn dokter selwer ass, esou ass Lëtzebuerg awer op de Wee gaangen, den Asaz ze reduzéieren. Am Amalgam ass nämlech Quecksëlwer enthalen, dat fir de Mënsch géfteg ass. Virun allem bei der Entsuerung muss een dorobber Uecht ginn, datt den Offallproduit net an d'Ëmwelt geréit an esou nees Schued urichte kann.

Kolleeginnen a Kolleegen, de Mënsch huet ëmmer probéiert, d'Ëmwelt ze kontrolléieren an zu sengen Zwecker ze notzen. Dat huet eis sécherlech méi Confort bruecht. Eis Agrikultur ass esou performant, dass déi westlech Länner Honger net kennen. Mat Hëllef vun der Elektrizitéit hu mir d'Nuecht zum Dag gemaach. Fligieren, Containerschëffer, Zich a Camionen transportéiere Wueren a Mënsche queesch duerch d'Welt. Mee dat alles huet awer och säi Präis! Ech schwätzen net nëmme vum Klimawandel, dee mir mat eise Behuele verstärken. D'Pestiziden, déi mir asetzen, kontaminéieren eise Buedem, eist Waasser. Mir schueden domadder net eleng den Insekten an der Biodiversitéit, mee och eis selwer. D'Luuchten, déi eis Welt erhellen, kënnen en Impakt op eis Gesundheet hunn. Liicht, och kënschtlecht Liicht, kann d'Schlofhormon Melatonin beaflossen, wouduerch eise Schlofrhythmus gestéiert gëtt. Virun allem Leit, déi Schichte schaffen an och nuets permanenter Belichtung ausgesetzt sinn, sinn dovunner betroff. Si leiden doduerch och méi heefeg ënner Häerz-Kreislaf-Erkrankungen, Diabetes oder Depressiounen.

Kaméidi huet natierlech genesou en Impakt op eise Schlof- oder Stress-Level. Laut engem Rapport vun der WHO vun 2011 gounge an Westeuropa ongeféier 1 Millioun gesond Liewensjore wéinst Lärmbelästegung verluer. Dat hänkt oft mat Haapttransportachsen wéi Autobunnen, Eisbunnen oder Flughäfen zesummen. Op laang Dauer klëmmt duerch de Kaméidi net nëmmen de Stress, och Nervositéit, Aggressivitéit, Bluthéichdruck oder Konzentratiounssteierunge kënnen d'Konsequenz sinn.

Dëst sinn alles just e puer Beispiller, wéi eis Ëmwelt op eis Gesundheet awierke kann. Wa mir an der Gesondheitspolitik wierklech e Schrëtt no vir maache

wëllen, da mussen mir der Ëmweltmedezinn och hei am Land eng méi grouss Bedeitung ginn. D'Ëmweltmedezinn versteet sech nämlech als kausal Medezinn a wëllt net nëmmen d'Symptomer behandelen, mee d'Ursache vun dese Symptomer erkennen.

Ech hu scho gesot, dass och hei am Land verschidde Services am Beräich vun der Ëmweltmedezinn opgebaut goufen. Mee d'Ressourcë ginn de Moment nach net duer, fir groussflächeg kënnen genotzt ze ginn. D'Ëmweltambulanz ass do e Beispill. Dese Service kann ugefrot gi fir feststellen, ob op der Aarbechtsplaz oder bei enger Privatpersoun doheem Schuedstoffer festzestellen sinn. D'Miessunge sichen no Pilzen, géftege Gasen oder och Stralebelaaschtungen, déi d'Gesondheet beanträchtege kënnen.

Mee d'Ëmweltambulanz ass staark ënnerbesat, iwwerlaascht an oft op e puer Méint ausgebucht. Am Januar 2020 war nach eng Persoun fir dësen Dëngscht responsabel, zesumme mat enger Sekretärin. An et brauch oft Méint, bis d'Resultater vun der Ëmweltambulanz do sinn. Mee eréischt, wa gewosst ass, wéi eng Schuedstoffer am Ëmfeld vun engem Patient ze fanne sinn, kann een eng Diagnos stellen a mat enger Behandlung ufänken.

Bis haut feelt et och un enger Unitéit fir Ëmweltmedezinn am Secteur hospitalier. Geplangt war et, dës Unitéit an dat neit Südspidol ze integréieren, mee dozou kéint et, wéi scho gesot, elo vläicht guer net kommen. An der Tëschenzäit soll e Service fir Ëmweltmedezinn op de Site vum CHEM zu Nidderkuer kommen, mat e puer „clean units“, also Raim, déi fräi vun alle méiglechen, potenziell schiedlechen, Substanzen sinn. Grad an der Ëmweltmedezinn ass dat essenziell, fir de Patienten eng Erlichterung vun hire Symptomer ze erméiglechen.

Elo kënn et dann anscheinend anescht an et gëtt mol een ambulante Service fir Ëmweltmedezinn am CHEM opgebaut, wou Consultatiounen ugebuede ginn. Dat ass schéin a gutt, mee et entsprécht net der Virstellung, wéi et am Koalitiounsaccord festgeluecht gouf. Do steet nämlech, dass d'Regierung sech engagéiere wäert, e stationäre Service wéi och eng ambulant Offer fir Ëmweltmedezinn hei am Land unzibidden.

Ech sinn och der Iwwerzeugung, dass et duerchaus berechtigt ass, e puer Better fir Ëmweltpatienten virzesinn. Dat mussen keng Dose sinn a se sinn an der Reegel och net fir Laangzäitopenthalter konzipéiert. Mee verschidde Patiente brauchen eng Plaz, wou si sech vu Substanzen, op déi hire Kierper negativ reagéiert an déi eis oft iwwerall am Alldag begéinen, erhuele kënnen. Eng „clean unit“, déi fräi vu jeegleche Substanzen ass, op déi e Mënsch reagéiere kann, erfëllt genee dësen Zweck. Geplangt war, datt de Service fir Ëmweltmedezinn zwee Akutbetter a sechs Dagesklinicksbetter kréich. Dat kléngt no net vill. Ma den Dokter Roby Thill, e Grënnungsmember vun der ALMEN, huet an engem Interview am „Lëtzebuerger Land“ 2019 geschat, datt 70 % bis 80 % vun de Patienten an der Ëmweltmedezinn keng stationär Behandlung néideg hätten. Dowéinst wieren och net onbedéngt vill Better néideg.

Et kann ee sech och d'Fro stellen, ob e Service fir Ëmweltmedezinn onbedéngt an engem Spidol muss ënnerbruecht ginn. Esou e Service kéint an eisen Aen och a Form vun enger méi klenger Struktur am Extra-hospitalier ugebuede ginn. Wann déi nei Pläng vum Südspidol also keng Statioun fir Ëmweltmedezinn méi virgesinn, da sollt een eventuell driwwer nodenken, fir eng kleng extern Struktur ze schafen.

Den Dokter Metz, Direkter vum CHEM, begrënnt seng Decisioun, keng Ëmweltklinik wëllen opbauen,



domadder, datt mir virun allem Gesondheetspersonal brauchen, dat iwwert dat néidegt ëmweltmedezinnescht Wesse verfüügt. Dat ass och richtig. Better notzen natierlech näischt, wann een net dat néidegt Personal huet, fir sech ëm déi Patienten ze këmmen, déi an dëse Better leien.

Dat huet och d'Pandemie gewisen. Mir brauche genuch Medezinner mat där néideger Formatioun an och Tariffer an der Nomenclature, déi ëmweltmedezinnesch Akte virgesinn.

Trotzdem schléisst menger Meenung no dat eent dat anert net aus. An d'ëmweltmedezinner vun der ALMEN an der SCENTE ASBL hunn och matgedeelt, datt si Patienten hunn, déi elo op eng „clean unit“ ugewise sinn.

Kolleginnen a Kollegen, ech hat am Ufank vu menger Ried schonn erwänt, datt am Joer 2000 eng éischt Weiterbildung fir Dokter an der ëmweltmedezinn ugebuede gouf. Dës Weiterbildung hat deemools 200 theoreetesch Stonnen a praktesch Stagen am Ausland ëmfaasst. Leider ass dës Offer net weider ugebuede ginn, wouduerch d'ëmweltmedezinn hei am Land net wierklech Fouss faasse konnt. Dat hänkt natierlech och domadder zesummen, datt den ëmweltmedezinner hei am Land net offiziell unerkannt ass. Ech wäert op dëse Punkt geschwënn nach agoen.

Wa mir d'ëmweltmedezinn am Land ausbaue wëllen, dann ass et evident, datt mir an der Matière gutt ausgebildete Dokter, Infermieren an och Hiewanne brauchen. D'ëmweltambulanz, déi ech éinescht schonn ugeschwat hunn, funktionéiert jo grad dowéinst de Moment méi schlecht wéi recht, well et eebe just u qualifiziertem Personal mangelt.

De CHEM, den LNS an d'Uni.lu hunn an deem Kontext am November d'lescht Joer op e Workshop zur Médecine environnementale invitéiert. Eng zentral Konklusioun vun dësem Workshop war, an der Medezinn-Bachelor vun der Uni ab 2022 e Cours zu de „facteurs de risques environnementaux et professionnels“ ze integréieren. Ausserdeem solle Seminären zum selwechte Sujet fir Fachmedezinner an anert Gesondheetspersonal ugebuede ginn.

Als DP begréisst mir dës Initiativ an der Fait, datt d'Seminäre sech net op Dokter eleng beschränken, mee op d'Gesondheetspersonal am Allgemengen.

Virun allem d'Allgemengmedezinner, déi fir de Patient ëmmer déi éischten Ulafstell sollte sinn, kéinte mat enger Formatioun an der ëmweltmedezinn e wichtige Pilier fir d'ëmweltmedezinn hei am Land duerstellen.

Här President, eng Formatioun ass, wéi gesot, wichtig, mee d'Patiente mussen sech d'Behandlung bei den Dokter duerno och leeschte kënnen. Dat ass haut awer leider net oft de Fall, well fir vill Analysen, a fir d'ëmweltmedezinn am Allgemengen, keng Tariffer bei der CNS virgesi sinn. Dat läit, ënner anerem dorunner, datt d'ëmweltmedezinn net als eegestänneg Fach op der „liste des spécialités médicales“ hei am Land steet. Zu dësem Punkt kann d'Gesondheetsministesch eis vläicht soen, ob geplangt ass, fir d'ëmweltmedezinn an dës Lëscht opzehuelen, a wa jo, wéini dës geplangt ass.

Analysen, déi haut rembourséiert ginn, sinn déi, déi op Ordonnance vun der ëmweltambulanz duerchgefouert ginn. Souwuel bei der Leit doheim wéi och op der Aarbechtsplaz kann en Dokter oder Aarbechtsdokter eng Analys verschreiwen, fir entweder d'Loftqualitéit, elektromagnéitesch Felder oder toxesch cheemesch Substanzen am Baumaterial oder an der Miwwelen ze ënnersichen.

Aner Analysen oder och Traitement wéi Entgëftung kaschten ëmweltpatienten awer oft ganz vill

Suen. Mir schwätze vu minimum 100 bis 150 Euro pro Analys, wann net och vill méi. An déi gi meeschtens vu private Laboen duerchgefouert an, wéi gesot, vun der CNS net rembourséiert.

Wann Tariffer fir ëmweltmedezinnesch Analysen an Traitement agefouert sollte ginn, dann ass et och wichtig, den Zäitopwand beim Dokter ze berücksichtigen. Eng ëmweltmedezinnesch Behandlung mat enger kompletter Anamnees dauert nämlech an der Reegel minimum eng Stonn. Do kann een dann net vun deene selwechten Tariffer ausgoen wéi bei enger normaler Kontroll beim Hausdokter, déi héchstens 15 Minutten dauert. Ouni Unerkennung vum Aarbechtsopwand bleift d'ëmweltmedezinn fir d'Dokteren dann onattraktiv, wat de Problem vum Personalmangel dee Moment net léist.

Kolleginnen a Kollegen, fir en ëmweltmedezinner ass et wichtig, net nëmmen d'Problemer ze behandelen, mee d'Ursaache vun dëse Problemer ze detektéieren. Dat ass deen effikassste Wee, fir déi richtig Diagnos ze stellen, déi besch Behandlung ze fannen a schlussendlech ze evitéieren, datt een nees krank gëtt. Oft fanne sech schiedlech Substanzen am Haus, zum Beispill an der Miwwelen oder Teppicher. Gëtt dës no enger Analys festgestallt, dann hëlleft et, dës Géigestänn auszetauschen, an d'Symptomer verschwannen oft vum selwen.

Och d'Ernährung ass e wichtige Facteur. Hautdaags ernäre vill Leit sech zum Beispill net richtig, ob aus Zäitmangel oder aus finanzielle Grënn. Wann dem Kierper wichteg Nährstoffer feelen, da kann ee krank ginn. Oder et gëtt festgestallt, datt een e bestëmmt Liewensmëttel net gutt verdréit, et awer ni a Verbindung mat bestëmmte Symptomer bruecht huet. Hei kann eng Ernährungsberaterin hëlleft, déi gesondheetlech Problemer ze behiessen.

Mee mir hunn natierlech keng absolutt Kontroll iwwer eis Ëmwelt a kënnen net komplett verhënnere, datt mir schiedeg Substanzen ausgesat sinn. Andeems mir awer dës Substanzen oder Factoren identifizéieren an erausfannen, wéi een Impakt se op eis Gesondheet hunn, kënnen mir léieren, besser domadder ëmzegoen an do usetzen, wou mir eppes änneren kënnen.

Duerch de Verbuet vu bestëmmte Substanzen oder Materialie kann de Staat säin Deel derzou bäidroen, fir d'Gesondheet vu senge Bierger ze schützen.

(Brouhaha)

Zanter 2001 ass zum Beispill d'Mise sur le marché vum Asbest hei am Land verbueden. An och den Asaz vu Glyphosat ass zu Lëtzebuerg säit dem 1. Januar 2021 net méi erlaabt. Dat si gutt Beispiller vum Principe de précaution, dee beseet, datt de Konsument schonn am Viraus viru geféierlechen Produiten an Inhaltsstoffen geschützt ginn.

Kolleginnen a Kollegen, d'Gesondheet muss generell méi global gekuckt ginn. De Begrëff „one health“ ëmfaasst vill aner politesch Beräicher wéi d'Agrikultur, d'ëmwelt, de Konsumenteschutz an esou weider, déi en Afloss op eis Gesondheet hunn an aus dësem Grond bei der Gesondheetsversuergung mat berücksichtegt mussen ginn.

Am Koalitionsaccord huet d'Regierung sech och derfir ausgeschwat, eng national Strategie en matière de santé environnementale auszuschaffen, déi fënnf verschidde Ministèren abezéie soll. Dës Strategie soll séier finaliséiert ginn an enger Ëmstänn kéint och en nationale Plang zur ëmweltmedezinn, wéi et der schonn an anere Länner gëtt, ausgeschafft ginn.

Dat spillt virun allem bei der Preventioun eng bedeeitend Roll. Niewent den allgemenge preventive

Moossnamen, wéi sech gesond ze ernären a genuch ze beweegen, mussen d'Liewensmëttelsécherheet, mee och d'Gesondheet vun de Planzen an Déiere séchergestallt ginn. An Europa kënnen mir houfreg sinn op eis héich Standarde bei der Liewensmëttelsécherheet. An et ginn och vill Efforte gemaach, fir de Gebrauch vun Antibiotika och am Veterinärberäich ze reduzéieren an esou der Antibiotikaresistenz entgéintzewierken, déi an Zukunft zu engem eeschthafte Problem kéint ginn.

Ech hat am Ufank vu menger Ried d'Santé environnementale schonn ugeschwat. D'Verbesserung vun der Loft-, Waasser- a Buedemqualitéit souwéi de Schutz virun ze vill Kaméidi oder viru Liichtverschmutzung gehéiere geneesou zur Preventioun. Nieft dem Verbuet vum Glyphosat gëtt et nach weider positiv Beispiller. Laanscht vill Autobunnen oder Zuchstrecke gi Mauer als Lärmschutz opgebaut an am September 2020 gouf och en Aktionsplang géint de Kaméidi op den Autobunnen ausgeschafft. Zu dësem Sujet hat ech selwer och am Mäerz d'lescht Joer eng Question parlementaire gestallt, wou zougeséichert gouf, dass op Plazen, wou den Ament nach kee Lärmschutz besteet, au fur et à mesure nogebessert soll ginn.

2016 ass zu Lëtzebuerg och eng Etüd zur Liichtverschmutzung duerchgefouert ginn. Et gouf festgestallt, datt 20 % vun de Gemengen hei am Land eis Ëmwelt am Duerchschnitt mat enger „Leuchtdichte“ vun zwee Vollmounden oder méi belastschen. E Leetfuedem gouf ausgeschafft, dee verschidde Mesuren opweist, déi zu enger besserer Beliichtung am Ausseberäich bäidroen kënnen an esou den negativen Impakt op Mënsch an Déier reduzéieren.

Här President, d'ëmweltmedezinn muss ausgebaut ginn, fir de Patienten eng holistesche Gesondheetspolitik ze bidden, déi sech net op d'Behandlung vu Symptomer beschränkt, mee den Ursaachen op der Grond geet, och sektoriellwergräifend. Méi wéi jee mussen mir d'Problemer un der Wuerzel paken, se fréi detektéieren an e besonnenen Fokus op d'Preventioun setzen.

Ech rekapituléieren: Fir d'Demokratesch Partei schléisst eng ambulant Offer vun der ëmweltmedezinn net aus, datt och e puer Better an enger ëmweltklinik ugebuede ginn. A wann net am Südspidol, da kéint doriwwer nogeduecht ginn, wéi eng aner Plaz am Land sech dofir ubidde kéint. Am Kader vun der Debatt zum Virage ambulatoire wäert den Notz vu méi klengen, dezentrale Strukturen nach eng Kéier ugeschwat ginn. Dat bitt sech vläicht dann och fir d'ëmweltmedezinn un.

D'ëmweltambulanz muss dréngend personell opgestockt ginn, fir d'Waardezäiten ze verkierzen. Et sollt een och doriwwer nodenken, ob sech dës Service op ëmweltmedezinnesch Analyse beschränkt sollt, fir op alleréischter Plaz de Patienten ze hëlleften.

D'Formatioun ass ganz zentral. ëmweltpatienten presentéieren oft ganz komplex Krankheitsbiller, déi schwéier ze diagnostizéieren sinn. Dofir ass e speziescht Fachwëssen néideg. Coursen an der ëmweltmedezinn op der Uni wéi och Seminäre fir aner Gesondheetsberuffer mussen vun elo u konsequent bäibehale ginn, fir datt sech dës Fachrichtung am Land etabléieren kann.

An deem Kontext ass och d'Unerkennung vun ëmweltmedezinner zentral, fir datt déi néideg Tariffer bei der CNS definéiert kënnen ginn. Ouni dës Tariffer, déi och den oft beträchtlechen Aarbechtsopwand vum Dokter widderspiegelen mussen, bleift d'ëmweltmedezinn nämlech onattraktiv.

D'Sensibiliséierung vun den Hausdokteren a Patienten ass och e wichtige Punkt. Jiddere muss verstoen, wat



Ëmweltmedezinn ass a wat net. Homöopathie gehéiert zum Beispill net derzou. Wann den Hausdokter als éischten Ulaupunkt ëmweltmedezinnesch Kenntniser huet, dann ass dat natierlech och ideal. Wann net, da sollt den Hausdokter erkennen, wéini e säi Patient bei en Ëmweltmedezinner schécke soll. Dat bitt sech wuel besonnesch a Fäll un, wou de Patient méint- oder jorelaang mat Symptomer geplot ass, mee wou ni eng Ursaach identifizéiert gouf. D'Ëmweltmedezinn bitt schonn eng Plus-value doduerch, datt se de Leit oft soe kann, wat mat hinne lass ass. Dann ass hinnen d'Laascht vun der Ongewëssheet wéinstens scho vun de Schëllere geholl.

Am beschten ass eiser Gesondheet natierlech gehollef, wa mir méiglechst vill gesondheetsschiedlech Substanzen an aner Facteuren aus dem Wee raumen, éier se eis krank maachen. Dat entsprécht och der Approche vun der Ëmweltmedezinn, déi d'Ursaache vu Krankheete bekämpfe wëllt an net eleng d'Symptomer. Gesond ernären, genuch beweegen, e responsablen Ëmgang mat Antibiotiquen, eng Agrikultur, déi weiderhi Wäert op Biodiversitéit leet, Reduzéierung vun ze vill Kaméidi a Luucht: Den Handlungsspillraum ass grouss an d'Lëscht ass ganz laang. Mir kënnen u ganz ville Schrauwen dréien, fir eis Gesondheet ze schützen. D'Promotioun vun der Ëmweltmedezinn ass en éischte Schratt dofir.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Merci, Här President, Kollegen, Kolleginnen, merci virun allem och meng Virriedner fir déi interessant Ausféierung ronderëm de ganze Volet vun der Ëmweltmedezinn.

No all deem, wat bis elo gesot ginn ass, ass mir wichteg, fir vun Ufank un ze ënnersträichen, wéi wichteg d'Ëmweltmedezinn och fir eis als LSAP ass. Et ass eng Thematik, déi an de leschte Joren ëmmer méi u Bedeitung gewonnen huet, an dat zu Recht!

An duerfir wëll ech och kloer soen, dass mir zum Opbau vun engem nationale Service fir Ëmweltmedezinn hei zu Lëtzebuerg stinn. Mee éier ee méi konkret kann dorop agoen, musse mer wëssen, vu wat mer schwätzen.

D'Ëmweltmedezinn ass laut der Definitioun vun der Europäescher Akademie fir Ëmweltmedezinn eng Disziplin, déi sech mam Afloss vun den Ëmweltfacteuren op déi individuell Gesondheet an op déi vun der Allgemengheet beschäftegt.

D'Weltgesundheitsorganisatioun schwätzt vu ronn 7 Milliounen Doudeger d'Joer eleng nëmmen duerch d'Auswirkung vu Feinstäbsemissiounen, an déi Europäesch Ëmweltagentur nennt de Chiffer vun 63.000 Doudeger eleng an Däitschland. Och chronesch Belaaschtungen duerch Schwéiermetaller, Elektromog, Pestiziden oder och geféierlech Chemikalie maachen deraart krank, dass se zur Schwächung vum Immunsystem féieren, mat allem, wat dat da mat sech bréngt, vun Allergien bis bei Nervekrankheeten an an an - et ass eng extreem laang Lëscht!

War et fréier den Amalgam, iwwert d'Plëmb an den Zänn, deen um Pranger stoung, oder d'Pestiziden, déi an der Natur versprézt goufen, esou huet de Spektrum vun de Schuedstoffer, déi en Afloss op d'Gesondheet hunn, sech am Laf vun de Joren onmoosseg erweidert. Ursaache kann een op viles zrëckféieren: nei Materialien, syntheetesch Stoffe, nei cheemesch Zesummesetzungen, jo, esouguer d'Klimaerwärmung, déi e Liewenswandel vun den

Insekten bewierkt, déi erëm vill verschidde bakteriell Krankheete provozéieren, kommen op d'Lëscht vun den Ursaachen.

Och d'Iwwerschwemmunge mat de ville Schied un de Wunnengen a soss Gebailechkeeten kënnen derzou féieren, dass zum Beispill Asbest fräigesat gëtt, dass sech iwwer Wochen a Méint nach Schimmelpilz bilt, an dass d'Gase vum Mazout, deen ausgelaf ass, och nach den Tablo vun den Ëmweltauswirkungen am Laf vun der Zäit erweideren.

Den Ëmweltfacteur, deen zum Onwuelsi bis hin zu der schwéier Krankheet féiert, ass meeschtens guer net einfach ze detektéieren. D'Krankheitsbild u sech ass ganz dacks speziell. An da verwonnert et och net, wann och emol lapidaresch vu psychosomatesche Stéierungen rieds geet. Et heescht deemno fir de Betreffenen, ganz vill ronderëmzedokteren, bis seng Krankheet endlech en Numm huet, bis d'Originn bekannt ass a bis een de richtege Spezialist fonnt huet, fir en Traitement ze kréien.

Eis als LSAP ass et wichteg, dass déi Leit, déi un esou Krankheete leiden, eescht geholl ginn. Si dierfen net am Reet stoe gelooss ginn a mir wëllen och net, dass do eng Zwouklassemmedezinn geschafe gëtt, wou déi, déi sech et leeschte kënnen, op eege Fauscht an d'Ausland kënne goen, fir eng Diagnos ze kréien an duerno dann och en adequaten Traitement.

Eng Diagnos a puncto Ëmweltkranken berout nämlech op ville Facteuren. Mat enger eemoleger Blutanalys eleng ass et net gedoen! De Wee ass laang an d'Zäit vum Waarde verbessert den Zoustand vum Patient natierlech och net. An d'Vertrauen a säin Dokter spilt eng grouss Roll. Et geet net duer, ee vu villen aus der Statistik vun deene Kranken ze sinn, déi ënner engem Ëmweltfacteur leiden. Nee, de Patient, dee muss sech kënnen drop verloossen, dass hien et mat engem Medezinner ze dinn huet, deen e Fachwëssen huet, dee Kenntniser huet an am allerbeschte Fall och nach Experienz an deem Domän.

D'LSAP huet d'Wichtigkeet an de Seriö vun der Ëmweltmedezinn scho ganz, ganz laang erkannt an d'Projeten a puncto Ëmweltmedezinn si vun eise jeeweilige Gesondheitsministreschen a Gesondheitsministeren ëmmer nees als wichteg Pilieren definéiert ginn.

Op dëser Plaz muss een drop hiweisen, dass mer op nationalem Plang op en Departement vun der Médecine de l'environnement kënnen zrëckgräifen, an et läit mer och drunn, fir déi exzellent a jorelaang gutt Zesummenaarbecht mam LNS ervirzehiewen. Grad an deem vasten Domän vun der Ëmweltmedezinn huet Lëtzebuerg net nëmme gutt Relatiounen mam Ausland, mee fleegt awer och eng ganz enk Kollaboratioun mat auswärtigen Ëmweltservicer. Wann d'Krankheitsbiller dacks komplizéiert sinn, da kann ee roueg haart soen, dass och d'Ëmweltmedezinn e ganz komplizéierten an e ganz breetgefächerten Domän ass. Dat geet vun der Recherche iwwert d'Formatioun, wou et Kompetenzen a ganz, ganz ville Beräicher brauch, bis hin zu den Traitementen.

Nei Ëmweltfacteure bréngen nei Ëmweltschied an nei, bis dato net bekannte Symptomer. Spéitstens hei an och, fir an de preventiven Domän eranzekommen, spilt d'Recherche natierlech eng ganz grouss Roll.

All dës Iwwerleeungen, Här President, Léif Komeroden, Léif Komerodinnen, Léif Kollegen, Léif Kolleginnen, brénge mech zu engem kloere Bekenntnis, wat um Regierungsaccord berout, am Sënn vun enger professioneller Prise en charge vun de Patienten, déi un engem Ëmweltschied leiden. Esou wéi den Impakt vun den Ëmweltfacteuren am Laf vun der Zäit evoluéiert an

och am Hibleck op d'Auswirkungen dovunner op de mënschlechen Organismus, muss een natierlech de medezinnesche Volet och adaptéieren. En internationale Workshop zum Thema Ëmweltmedezinn gouf jo am November d'lescht Jor organiséiert vum CHEM mam LNS an der Uni Lëtzebuerg.

Den nächste Schrëtt heivunner ass d'Auswärtung an och d'Ausarbechtung vun engem detailléierte Konzept, zesumme mat engem Conseil scientifique an och sämtleche wichtege a spezialiséierten Acteuren an deem Domän. Mir mussen Opschloss kréien, wéi eng Indicationen a Krankheitsbiller en charge kënne geholl ginn a wéi och de Parcours vum Patient soll ausgesinn.

Den zweete Schrëtt vun der Diagnos bis bei de Spezialist muss definéiert ginn an dat gëtt eis erëm eng Indication, wéi eng Besoine bestinn a puncto ambulanten an och stationäre Strukturen.

E weidere wichtege Punkt ass déi enk Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg an dem LNS, fir sech u grouse Fuerschungsprojeten ze bedeelegen. An och déi auslännesch Kollaboratioun muss weider bäibehalen a gegebenefalls och verbessert an intensivéiert ginn.

Vun engem gutt ausgeschaffte Konzept erwaarde mer eis och, dass de Besoin u medezinneschem Personal definéiert gëtt an dass eng Basisformatioun respektiv eng Formation continue misst virgesi ginn.

Et läit deemno op der Hand, datt den Opbau vun engem nationale Service vu Virdeel wier, fir sämtlech Kompetenzen ze bündelen.

VLäicht nach e puer Wuert zur Preventioun, wou mer elo vill méi wäit si wéi nach virun e puer Joer. Ech denken do zum Beispill un den ILNAS, den Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services, deen zum Beispill d'Spillsaachen ënnert d'Lupp hält a kuckt, ob déi net schiedlech si fir d'Kanner, oder, fir e rezent Beispill ze ginn, d'Decisioun, de Faarfstoff E171 ze verbidden, well net méi spët ewéi de 25. Januar huet de Ministère vun der Protection des consommateurs matgedeelt, dass dëse Faarfstoff, deen aus Dioxyde de titane besteet, deen iwwerengs fir déi schéi wäiss Faarf bei de Liewensmittelprodukter suergt, ab gëschter - also ab dem 7. - verbuede gouf, mat enger Transitionssphas vu sechs Méint.

Natierlech dierf een och elo net naiv sinn a mengen, et géif een all problematesch Substanz verbuede kréien. Déi verschidde wirtschaftlech Acteure kënnen do ganz kreativ sinn an nei Substanzen mir näischt dir näischt op de Maart bréngen. Duerfir muss ee vigilant bleiwen a weiderhi souwuel um Niveau vun der Preventioun wéi och vun der Ëmweltmedezinn investéieren.

Erlaabt mer awer, ganz zum Schluss nach op ee fir mech ganz wichtege Punkt ze schwätzen ze kommen: d'Kommunikatioun a puncto Ëmweltschied an Ëmweltkrankheeten.

Et mierkt een, dass bei verschiddene Sujeten eng gewësse Skepsis ass, wat sanitär an och ëmweltteschne Themen ubelaangt. Dat ass e gesellschaftleche Phenomeen, dee mir net ewechriede kënnen. Mee dat weist, dass zum Beispill den Impfstoff géint de Covid-19 eppes ass, wou d'Leit sech net richtig ze situéieren wëssen an deem se och net trauen. Dat weist sech och an aneren Domänen, zum Beispill d'Stéchwuert 5G oder awer Wandrieder. Och do ass et wichteg, d'Suerge vun de Leit eescht ze huelen.

An ech sinn der Iwwerzeegung, dass, wa mir een nationale Kompetenzzentrum fir Ëmweltmedezinn hunn, do



och esou Froe können analysiert a vun Experten traitiert ginn, an dass do och Äntwerte kommen, déi dann net déi si vun de Politiker, déi mer da streideg gemaach kréien, mee vun Dokteren a vu Chercheuren, vun de sougenannte „blouses blanches“, déi dann och vläicht deen een oder deen anere richtig iwverzeegt kréien an egal wéi vill méi Iwverzeegungskraaft hu wéi mir als Politiker.

Dir gesitt, et gött vill Grënn fir d'Erschafe vun engem Zentrum fir Ëmweltmedezinn, an dat wéi virgesinn um Standuert Esch. An d'LSAP encouragéiert eis Ministesch, fir de Suivi ze garantéieren, op Basis vun allen Erkenntnisser, déi hoffentlech an e gutt Konzept vun den Experten a Spezialiste matafléissee wäerten.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An ech gesinn, den Här Engelen ass scho prett. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, d'Ëmweltmedezinn ass e wichteg Thema, dat déi néideg Opmierksamkeet verdéngt. Dowéinst och vun eiser Säit e grouse Merci un den Här Marc Hansen fir dës Initiativ.

Et ass kee Geheimnis, dass sech eng intakt Ëmwelt positiv op d'Gesondheet vum Mënsch auswirkt. Schiedlech Aflëss aus der Ëmwelt kënnen do dergéint reegelrecht krank maachen.

D'Bewosstsinn duerfir ass déi lescht Jore staark gewuess an déi Diskussioun vun haut weist, dass mer eis deem Problem stelle müssen a wëllen.

Ganz vill ass och scho geschitt, fir d'Liewensqualität vun de Leit ze verbesseren an d'Ëmwelt ze schounen. D'Belaaschtung vun eiser Populatioun duerch de Kaméidi mam Verkéier, ma och duerch d'Schuedstoffer an der Loft, huet zu Lëtzebuerg ouni Zweifel an de leschte Joerzénge permanent zougeholl. Et wäert Iech net wonnere, dass d'ADR och doranner eng Konsequenz gesäit vun deem ze séieren an onkontrolléierte Wuesstum, dee mer dann hei unerkennen.

A relativ kuerzer Zäit huet d'Ëmweltbelaaschtung hei am Land iwwerproportional zougeholl. Mer kommen net no, fir déi Infrastrukturen ze bauen, déi mer am Fong geholl bräichten. Do derbäi kënn och, dass d'Géiftstoffer doheem, zum Beispill a Baumaterialien oder a Miwwelen oder a Spillsaachen, bei enger Rei vu Leit zu Krankheete kënnen féieren. Och am Gaart an am Hobby kënnen Gefere laueren, wéi zum Beispill d'Belaaschtung duerch Pestiziden, an dat selwecht gëllt och am Beräich vun der Aarbecht.

Nei Theeme wéi méiglech Geforen duerch Elektromog komme lues a lues op a verdéngen et, ënnersicht ze ginn. A mengem fréiere Liewe war ech och emol esou Elektromog ausgesat, joerzéngetlaang, a mir hunn eis ëmmer gefrot, wat fir en Afloss deen Elektromog op eis Gesondheet sollt oder kéint hunn. Mir hunn awer néierewol en Usprichpartner fonnt, fir an deem Beräich mol opgekläert oder beroden ze ginn.

Iwwerdeem gött et an eisen Nopeschlänner scho méi laang ëmweltmedezinnesch Zentren. Eng deementspriedend Arichtung léisst hei zu Lëtzebuerg schonn 20 Joer op sech waarden. Den Aktiounsgrupp fir Ëmwelttoxikologie AKUT kritiséiert iwwerdeems schaarf, dass och dës Regierung nach ëmmer net gewëllt ass, fir am Dossier Ëmweltklinik endlech aktiv ze ginn, an dat, obschonn am Koalitiounsaccord vu Blo-Rout-Gréng esou eng Struktur virgesi war.

Den Optrag duerfir goug un den Escher CHEM. Am Südspidol sollt eng 200 m<sup>2</sup> grouss Infrastruktur

entstoe mat gläich e puer speziellen Zëmmeren fir schwéierkrank Ëmweltpatienten. Den neie Generaldirekter vum Escher Spidol huet awer déi lescht Woch an engem Presseinterview gesot, dass hie keng Ëmweltstatioun méi realiséiere wëllt an deemno keng esou eng Struktur méi géif plangen.

De fréiere Generaldirekter vum CHEM hat nach 2019 e fäerdege Projet fir d'Südspidol ausgeschafft, inklusiv enger Ëmweltklinik, déi fräi vu potenzielle Schuedstoffer sollt sinn, fir schwéierkrank Ëmweltpatienten net nach zousätzlech müssen ze belasteschen.

Fir d'ASBL AKUT an d'Associatioun vun den Ëmweltmedezinner steet grad wéi och fir d'ADR fest, dass de Koalitiounsaccord vun 2018 an deem Punkt misst agehale ginn. Do steet op der Säit 90 geschriwwen, ech zitieren: „Das ambulante Umweltmedizinangebot wird auf stationärer Ebene durch einen nationalen Umweltmedizinischen Dienst gestärkt werden, sodass eine Behandlung der Patienten im Krankenhaus [...] gewährleistet werden kann.“

Mir fannen et net akzeptabel, dass fir déi aktuell Gesondheitsministesch dësse Projet keng Prioritéit méi soll hunn a si d'Responsabilitéit op de Generaldirekter vum CHEM dréckt. Duerfir hu mer eis gewonnert a mir wäeren u weideren Erklärungen vun der Madamm Gesondheitsminister interesséiert. „Wëllt och si keng Ëmweltklinik méi?“ ass d'Fro, déi ee sech muss stellen. Ass si d'accord mat engem alternative Fuersungskonzept, wou de Staatslabo an d'Uni Lëtzebuerg solle mat abezu ginn? Esou steet et awer net am Koalitiounsaccord.

Här President, eiser Meenung no ginn dann nach vill weider Jore verluer, wou betraffe Patienten hei keng spezifesch Hëllef kënnen kréien, an da musse se sech fir deier Suen am Ausland behandle loosse.

D'ADR verlaangt, dass am Spidolswiesen eng spezialiséiert Ëmweltmedezinnesch Unitéit muss geschafe ginn. Dat neit Konzept vum Direkter vum Escher Spidol kann dozou komplementär sinn, awer kann esou eng Struktur net ersetzen.

Här President, mir wëilten d'Madamm Gesondheitsminister awer och nach un e weidert Versprieche aus dem Regierungsprogramm erënneren an dat ass, fir d'Preventioun an d'Fuerschung an der Ëmweltmedezinn auszubauen, medezinnesch Formatiouns- a Weiterbildungsofferen am Kader vun der klinischer Ëmweltmedezinn unzibidden an dann nach d'Schafe vun enger spezieller Ëmweltmedezinnescher Diagnostik, bei där d'Therapien duerch d'Sécurité sociale solle rembourséiert kënnen ginn.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Ma och vun all dës Versprieche ass bis elo nach net vill ëmgesat ginn. Madamm Minister, mir fuerderen als ADR, dass keng eidel Versprieche solle gemaach ginn an dass d'Regierung déi Punkten endlech ëmsetzt. Ëmweltmedezinnesch Krankheete müssen endlech och an eise Gesondheitssystem unerkannt ginn!

Ech verweisen do op eng offiziell Studie aus Däitschland, déi beseet, dass an Däitschland 5 % vun de Krankheeten offiziell als Berufskrankheeten oder Ëmweltkrankheeten unerkannt sinn.

En zweete wichtige Chantier ass dee vun der Ëmweltambulanz. Hei musse mer leider dee selwechte Constat maachen: Gambia hëlt dësen Dossier Ëmweltmedezinn net ganz eescht. Bei der Ëmweltambulanz handelt et sech ëm e wichtige Service vu kompetenten Experte ronderëm, déi bei Privatleite Analysen op Schuedstoffer maachen an duerno och déi néideg Recommandatiounen ginn. Och interesséiert Doktere kënnen sech hei gratis berode loosse.

Mee dat ass alles net wichtig. Bei der Madamm Lenert hire Virgänger huet dat alles keng gloriärich Roll gespillt. Ënnert der viregter Regierung ass d'Ëmweltambulanz tëschent de Joren 2013 an 2018 komplett restrukturiert ginn a krut vill manner Moyene wéi virdrun, eppes, wat een och an den Zuele feststellt, déi am Kader vun enger parlamentarescher Fro op d'Tapéit komm sinn. Esou huet d'Ëmweltambulanz am Joer 2017 nach kënnen 206 Asätz a Privatstéit assuréieren. An de Betriber waren et der 62. Zejoert awer waren et bei de Privatleite nach just 51 an op der Aarbechtsplaz ganzer 2.

Dir gesitt also, wat fir en Engagement d'Gesondheitsministeren un den Dag leeën, wann et ëm d'Ëmweltmedezinn geet, an dat, zanter dass Blo-Rout-Gréng zanter 2013 um Pouvoir ass. Et goufe finanziell Mëttelen agespuert, an dat um Bockel vun dekranken a betraffene Leit. Am Géigesaz zu Blo-Rout-Gréng ass fir d'ADR d'Ëmweltmedezinn wichtig a verdéngt et, ënnerstëtzt ze ginn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Madamm Oberweis, et ass un Iech.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Fir d'éischt dem Här Hansen e ganz grouse Merci fir dës Initiativ, fir dës Debatt, déi wirklech immens passionnant ass an immens wichtig an awer natierlech och immens komplex.

Här President, net jiddereen ass gläich virun der Gesondheet. Et ass net just eng Fro vum Accès zum Gesondheitswesen, mee et ass virun allem och eng Fro vun der Expositioun zu de Geforen. Mir sinn deene Geforen nämlech net gläich ausgesat an dat huet mat sozioekonomeschen Ongläichheeten ze dinn. Sozial Gerechtegkeet ass bei Wäitem déi bescht Viraussetzung, fir jidderengem e gesond Liewen ze erméiglechen. A wann d'Ongläichheete wuessen, si mer ëmmer méi ongläich virun der Gesondheet, a wat et eis all méi schlecht geet, och dat ass vu Wëssenschaftler beluecht.

Schlecht Wunnkonditiounen, schlecht Aarbechtskonditiounen, schlecht Léin, laang Trajeten, schlecht Iessen, schlecht Bildung, schlecht Loft- a Waasserqualität, Stress a schlechten Zougang zu Gesondheitsservicer si keng individuell Facteuren, mee strukturell Froen an ënner anerem dorobber kuckt d'Ëmweltmedezinn.

Ëmweltmedezinn ass eng ursachenorientéiert Medezinn. Do, wou oft an der klassischer Medezinn vill op d'Symptomer gekuckt gött an och behandelt gött, geet d'Ëmweltmedezinn méi wäit. Ëmweltmedezinner ginn op d'Sich no den ëmweltbedéngten an ëmfeldbedéngten Ursache vun der Erkrankung. Si sinn dacks laang amgang mat deem, wat si d'Anamnees nennen. D'Patienten vun Ëmweltmedezinner leide meeschtens ënner chronesch Krankheeten an hunn eeben dacks ganz komplex Krankheitsbiller.

Kolleeginnen a Kollegen, dat, wat mer hei diskutéieren, ass net ganz nei. Dass Stress zum Beispill en Impakt op d'Gesondheet huet, ass gewosst. Dass d'Loftqualität en Impakt op d'Gesondheet huet, ass gewosst. Mee wat hei nei ass, ass dee kategoreschen Usaz - de radikalen Usaz, hunn ech Loscht ze soen - vun der Ëmweltmedezinn, fir d'Ursache vun enger Erkrankung feststellen. Déi Ursache gëllt et am direkten Ëmfeld ze sichen. Ëmweltmedezinner kucken



deemno op d'Wunnsituatioun, mee och op d'Aarbechtskonditiounen, an et gëtt awer virun allem och gekuckt, wéi belaaucht de Kierper vum Patient ass vun eventuelle Schwéiermetaller, Chemikalien oder och anere Schuedstoffer.

Eis Wunnsituatioun beaflosst also largement eis Gesondheet, net nëmmen d'Materialien, mat deene gebaut gëtt, mee och Materialien a Substanzen an eisen Haier a Wunnengen. Schlecht Isolierung vu Wunnengen an Haier féiert zu Verschimmelung vun de Wänn a provoziert Otemkrankheeten. Dofir huet déi Lénk zum Beispill och eng Propos gemaach fir eng sozial gerecht Sanierung vun Haier a Wunnengen, wou de Staat d'Haaptverantwortung iwwerhëlt.

Et ass vun Historiker an Urbaniste bekannt, dass sech déi aarm Quartieren dacks ronderëm respektiv ëstlech vun Industrien ugesidelt hunn, well de Wand bekanntlech a Westeuropa 90 % vun der Zäit aus dem Weste kënnt an déi räich Quartiere meeschtens westlech an nördlech vun den Industrie sinn. Deemno sinn och haut nach déi chic Quartieren an deene meeschte Stied a Westeuropa do, wou d'Loft méi propper ass an do, wou manner Kaméidi ass, also dacks am Westen respektiv am Norde vun de Stied.

Vill Leit gi vun de Stied op d'Land wunnen, well se mengen, do wier d'Loft méi reng, mee dat ass eng Schimär. Néierens fléie méi Pestiziden duerch d'Loft wéi matten an enger Monokulturlandschaft, wéi mer se och zu Lëtzebuerg hunn.

Der WHO no - dat ass och virdu scho gesot ginn - stierwen all Joer 7 Milliounen Mënschen un de Follge vu Luftverschmutzung. Dat ass virun allem op d'Belaaftung duerch Feinstaub zréckzuféieren, vun Diesel, Verbrennungsmotoren, Kraaftwierker an awer och de Bremsen an de Pneuen. Also, maache mer eis näischt vir, och d'Elektroautoen, déi hei esou helleg sinn zu Lëtzebuerg, produzéieren Feinstaub!

**M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!**

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) |** Der europäescher Ëmweltagentur no wieren am Joer 2018 - och dee Chiffer ass scho genannt ginn - 63.000 Doudeger duerch Feinstaub eleng an Däitschland ze bekloen.

Kolleeginnen a Kolleegen, op der Aarbecht da maache mer eis och krank. Enger Etüd no hunn Aarbechter, déi um Bau an an der Industrie schaffen, tëscht véier a siwe Joer manner Liewenserwaardung. Si sinn dacks géftege Substanzen, Schwéiermetaller, Feinstaub an anere Chemikalien ausgesat, net ze schwätze vun hire schwéiere physeschen Aarbechtskonditiounen.

Déi aner, déi vläicht am Büro schaffen an net direkt toxesch Substanzen ausgesat sinn oder liewensgefäerleche Konditiounen, an deene se schaffen, sinn dacks Stress, Iwwerbelaaftung, héijen Erwaardungen u Leeschtung a Flexibilitéit, prekäre Kontrakter a Mobbing ausgesat. Mir mengen, dass och deene psychosoziale Risiken onbedéngt vill méi staark an der Aarbechtsmedezinn muss Rechnung gedroe ginn.

Dës Problemer an der Aarbechtswelt kënnen a sollen net individualiséiert an net medikaliséiert ginn. Si mussen als strukturelle Risikofacteur ugesinn an unerkannt ginn.

En Impakt op eis Gesondheet kann des Weideren een ze vill héije Konsum u Medikamenter hunn. D'Regierung huet och an deem Kontext am Moment eng Sensibilisierungscampagne, wou drop opmierksam gemaach gëtt, fir net ze vill Antibiotika zou sech ze huelen, a mir begreifen dat ganz kloer.

En anere Facteur sinn déi endokrin Disruptoren. Si sinn a klenger Dosis schonn immens gefäerlech an och vun hinnen ass scho rieds gaang virdu. Et gëtt si a Kosmetika. Also, déi endokrin Disruptoren, dat si Stoffe, wéi zum Beispill Chemikalien, déi den hormonelle Fonctionnement stéieren.

Nieft der Kosmetika wieren zum Beispill Liewensmittelverpackungen aus Plastik e weideren Träger vun esou Substanzen. Och si sinn omnipresent an eise direktem Ëmfeld.

Schwéiermetaller dann: Mir sinn all belaaucht duerch Schwéiermetaller. Enger franséischer Etüd no wiere bal 100 % vun der Populatioun duerch Schwéiermetaller belaaucht. Mir sinn also all u sech vergëft, wann Der wëllt. Déi Schwéiermetaller an eise Kierper bréngen Entzündungen mat sech an doduerjer komme chronesch Krankheitsbiller mat. Dat ass och virdu scho vun de Virriedner, mengen ech, genuch thematiséiert ginn. Als Beispill kann ech den Amalgam nennen. Amalgam, Dir wësst et, ass eng Mëschung vu verschiddene Schwéiermetaller, ënner anerem Quecksëlwer, deen immens géfteg ass. An anere Länner ass e verbueden, wéi zum Beispill a Japan an a Russland, an ech mengen, och a Schweden, wann ech mech net ieren.

D'Europäesch Kommissioun seet dann och: All Land brauch en Aktionsplang, fir aus dem Amalgam erauszeklammen. A wann ech mech net ieren, och do - d'Madamm Ministesch ka mech herno gäre korrigéieren - huet Lëtzebuerg vir, bis 2030 erauszeklammen. Also wier et den Ament nach erlaabt. Also do si mir och kee Virreider a keen immens gutt Beispill.

E positivt Beispill awer, an dat war gëschter an den Nouvelles, an ech mengen, et ass och scho virdu ugeschwat ginn, ass, dass den Titandioxid oder den E171 elo verbuede gëtt am Iessen, souwäit ech verstanen hunn, well en eventuell genotoxesch wier, awer weiderhin erlaabt als Implantat am Mond, esou wéi ech et verstanen hunn. Och dat ass also eng gewëssen Inkohärenz.

Wat mer dann iessen, mécht eis och krank. Wéi belaaucht ass eist gespreitzt Uebst a Geméis? Mir wëssen et! Industriell hiergestallte Liewensmittel, an deenen all méiglech Zousatzstoffe sinn, fir se zum Beispill ze erhalen, maachen eis och krank op Dauer. Och do gëtt et Studien, déi weisen, dass dës Produkter Entzündungen an Diabetees mat sech bréngen.

Här President, wierklech Preventioun gëtt wéineg gemaach. Dat géif bedeuten, drastesch Moossnamen ze huelen. Preventioun heescht och verbidden, wéi et mam Glyphosat gemaach ginn ass. Wa mer géife wierklech de Principe de précaution uwennen, wéi mir et zum Beispill och an eiser alternativer Verfassungspropos stoen hunn, da géife mer vill méi wäit goen.

Wat mir zum Beispill géife maachen, hei just vläicht e puer ganz konkret Beispiller aus dem Alldag. Mir kéinten eng Véier-Deeg-Woch aféieren amplaz vun enger Fënnf-Deeg-Woch oder e Sechs-Stonnen-Dag; d'Tempolimit an de Stied an an den Dierfer op 30 km/h normaliséieren amplaz vu 50 km/h an domat den Trafik berouegen an och doduerjer d'Ëmwelt, also d'Loftqualitéit verbessern; an der Vermaartung, am Verkaf vun de Liewensmitteln net déi biologesch Produiten an de Vierdergrond stellen, mee u sech déi belaaucht Liewensmitteln negativ kennzeechen; an de Schoulkantinne biologesch a lokaalt/regionaalt Iessen a maximal eemol d'Woch Flesch. Dat sinn Iddien, wat ee kéint wierklech preventiv maachen, an net bis 2030 waarden, fir den Amalgam ze verbidden.

E puer weider Fuerderungen, wat d'Ëmweltmedezinn ugeet, et ass och virdu scho genannt gi vun de Virriedner: Mir brauche ganz kloer vill méi Donnéeën, mir musse vill méi Recherche maachen. Och do, mengen ech, ass Konsens hei am Sall. Ëmweltmedezinner fannen nämlech ganz komplex a rar Krankheitsbiller, an déi musse weider erfuerscht ginn.

Etüde soen, dass bis zu 10 % vun de Patienten Ëmweltpatiente sinn. Wann Der mat Ëmweltmedezinner schwätzt, dann erziele se Iech vu Patienten, déi vun Doktere bei si geschéckt ginn, déi net méi weider wëssen. Mir mussen eis Aen opmaache fir dës Realitéit, och wa se onbequem ass. Dat si mer all deene Patiente schëlleg.

Mir brauchen e Spidol mat Better an enger „clean unit“. Mir sinn dovunner iwwerzeegt, geneesou, wéi et am Koalitionsprogramm steet. Well verschidde Patiente mussen aus hirem Ëmfeld erausgeholl ginn a brauchen e sougenannten „Expositionstopp“. Si brauchen e propper Ëmfeld, wou se dann eeben aus hirem toxesch Ëmfeld erausgeholl ginn. Mir brauchen déi zwee, ambulante a stationär, an hei schwätzt een, mengen ech, net vu ville Better. Och dat soen d'Ëmweltmedezinner.

Et ass eigentlech eiser Meenung no e Skandal, an do kommen ech op déi rezent Nouvelles, dass eng eenzeg Persoun kann entscheiden, wat dann elo mat deem Projet vum Ëmweltspidol geschitt. Wann den Direkter vum CHEM d'Noutwendegkeet vun deene Better, vun där „clean unit“, net agesäit, dann ass hien eventuell net déi richteg Persoun oder de CHEM net déi richteg Plaz. Vlächcht muss d'Santésministesch dann en aneren Träger dofir fannen. An anscheinend gëtt et, esou hu mir et héieren, aner Kandidaten, déi interesséiert wieren.

**Une voix |** Et gëtt awer e Verwaltungsrot am CHEM!

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) |** An dee leschte Punkt wär, fir eventuell d'Analysen - och dat ass scho gesot ginn hei - ze rembourséieren, well mir wëssen, dass d'Analysen extreem deier sinn. Bis zu 1.000 Euro kascht eng Ëmweltbelaauchtungsanalys. Do muss een am Moment 90 % aus senger eegener Täsch bezuelen. An och do, mengen ech, ass hei am Sall Konsens, dass een dat absolutt brauch.

Sou vill dozou. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance |** Merci och der Madamm Oberweis. Dat war eng Punktlandung. An d'Wuert geet da weider un de Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten) |** Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll et guer net verstopen: Ech si keen Expert an där heiter Matière, ...

**Plusieurs voix |** Ou!

**M. Sven Clement (Piraten) |** ... mee éischter en aviséierten Amateur.

(Hilarité)

**Une voix |** Dir ënnerschtzt Iech!

**M. Sven Clement (Piraten) |** Mir ginn et ...

(Hilarité)

Dir gesitt, och ech kann zouginn, datt ech ...

**Une voix |** A!

**M. Sven Clement (Piraten) |** ... mech nëmmen agelies hunn an en Dossier.

**Une voix |** O nee.



**Une autre voix | Très bien!**

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mee komme mer zum Thema. Mir ginn et net gären zou, mee eis Aart a Weis ze liewen ass derbäi, eis ëmzebréngen. A ville Beräicher genéissee mer an eiser moderner Gesellschaft en enorme Confort, mee gläichzäiteg ass et genee dëse Confort, deen eis lues awer sécher krank mécht.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Mir hunn Iessen am Iwwerfloss, mee och Herbiziden, Fungiziden, Pestiziden an eng gutt Portioun Antibiotika iesse mer net seele mat. Mir si mobil a kënnen all Eck vun der Welt bereesen, mee eis Mobilitéit generéiert esou vill CO<sub>2</sub> a Feinstaub, datt eis Otemweeër belascht ginn an de Weltklima sech verännert.

Mir kënnen alles bauen, wat eis an de Kapp kënn, an dat aus deene verschiddenste Materialien, mee och an eise Flëss an an de Mierer fanne mer ëmmer méi kleng a grouss Partikele vu genau dëse Materialien, déi do guer näischt ze sichen hunn an déi eis an d'Déieren- an d'Planzewelt krank maachen.

2019 sinn der Europäescher Ëmweltagence EEA no eleng an der EU iwwer 300.000 Mënschen un de Konsequenze vun enger ze héijer Feinstaubbelastung gestuerwen. D'Theema vun der Ëmweltmedezinn, an domat verbonnen d'Fro, wéi mer Patienten traitéiere kënnen, déi vun de villen Ëmweltgëfter krank ginn, mee och d'Fro, wéi mer esou Schuedstoffer nees aus eiser Ëmwelt erauskréien, sinn also vun extremer Bedeitung fir eis Zukunft.

An dofir soen ech de Kollege vun deene Grénge och villmools Merci fir d'Ufro vum dëser Interpellatioun an och fir den Exposé ganz am Ofank. Ech hunn eng ganz Rëtsch nei Wiedererkenntnis, déi ech ganz éierlech och hei net ka widerhuelen. Mee ech mengen, de Marc Hansen ass do och méi Expert wéi déi meescht vun eis heibannen.

D'Regierung huet an hirem Koalitionsaccord villen ugekënnegt am Beräich vun der Ëmweltmedezinn. An et ass wichteg, no dësen dräi Joer elo emol e Bilan ze maachen, wat scho gemaach gouf, wat nach geplangt ass a wou et eventuell Lücke gëtt.

Dee grouss Problem heibäi ass, datt mer op ganz wéineg, voire a verschiddene Beräicher op guer keng Etüden iwwer Lëtzebuerg aus dem Beräich vun der Ëmweltmedezinn zrëckgräife kënnen. Fir d'Ausland gëtt et zum Deel ganz ëmfassend Etüden doriwwer, wéi vill Mikroplastik oder Schwéiermetaller an de Gewässer an an de Kierper vu Mënschen an Déieren ze fanne sinn. Wéi belascht sinn eis Liewensmëttel, eist Waasser, eis Loft a jo, och eise Kierper? Hu mer e Problem mat Eternitt op Scheierdiecher? Wéi vill Schuedstoffer stiechen ëmmer nach an de Mauere vun eise Gebaier? Ëm wéi eng Stoffer handelt et sech genee? A wéi gi mer se nees lass?

Äntwerten op dës Froen ze sichen an dann entsprechend Mesuren ze huele ka Liewe retten. En Ausbau vun de Formatiounen an der Recherche an dësem wichtige Domän ass dofir indispensable an ech hoffen, datt d'Regierung haut och nach eng Rei Informatiounen dozou ka ginn, wéi si gedenkt, an dësem Beräich d'Fuerschung auszubauen.

Dat soll awer net heeschen, datt mer aktuell näischt maache kënnen a mol nach als Éischt drop waarde mussen, datt nach weider Etüde gemaach ginn. Vu ganz ville Stoffer wësse mer haut schon, datt se zum Beispill staark kribserreegend sinn oder aner schlëmm Krankheete verursaache kënnen. Den Dioxin gouf

genannt, den Amalgam gouf genannt, mir kënnen eng ganz Rëtsch Stoffer nennen.

Fakt ass: Mir brauche Strategien, wéi mer genau dës Stoffer lassginn. An do kënnen mer net méi waarden! Do mussen mer och net weider op Etüde waarden, Etüden, déi ëmmer erëm dat nämmlecht confirméieren, wat mer u sech haut scho wëssen!

Et geet also elo drëms, Weeër ze sichen, fir se aus eise Liewen ze verbannen. Eenzel Verbueter, esou wichteg se och sinn, ginn do net méi duer. Natierlech ass et gutt, wa mer geféierlech Chemikalien, zum Beispill an der Landwirtschaft, reglementéieren, mee mir dierfen net vergiessen, datt dee Moment, wou de Verbuet kënn, eis Biedem oft awer scho jorelaang domadder traitéiert goufen.

Eleng duerch e Verbuet kritt een déi Stoffer oft net méi aus der Ëmwelt eraus. An dofir hält hir Wierkung op Mënsch, Déier an Ëmwelt och oft net mat deem Verbuet op. Do ass et wichteg opzeklären.

Ganz vill Leit si sech guer net bewosst, wat fir een Impakt hir Liewensëmwelt op hir Gesondheet huet, well se guer net wëssen, mat wat a wéi enge Stoffer se am Alldag iwwerhaapt a Kontakt kommen. Se bemierken dann eréischt, datt eppes net stëmmt, wa sech am Kierper op eemol esou chronesch Entzündungen oder aner Krankheete breetmaachen. Mee souguer dann ass et oft nach e wäite Wee, jo, e ganz wäite Wee bei ganz villen, bis eng richteg Diagnos steet. D'Anamnees ass heefeg net derfir ekipéiert, fir Ëmweltaflëss als éischten Aspekt ze kucken.

Vill ze heefeg kucke mer éischer an der Medezinn, fir d'Symptomer ze behandelen, wéi fir d'Ursach ze fannen. Eng Entzündung, da kritt een eng Pëll, et kritt een e Medikament, et kritt ee gesot: „Huel eng Crème, da geet et der besser.“ A genau do setzt jo d'Ëmweltmedezinn un a genau do mussen mer d'Prise en charge verbessern, fir Persounen, déi ënner gewëssenen Ëmweltaflëss leiden, besser hëllefen ze kënnen!

Dofir war jo och eigentlech d'Ëmweltklinik geplangt, mee - an dat hunn e puer Leit hei haut scho gesot - déi léisst op sech waarden. Ëmmer nees goufe Pläng gemaach, an dann awer nees verworf. A mëttlerweil gesäit et aus, wéi wann emol net déi puer Zëmmere géifen ëmweltmedezinnesch ëmgebaut ginn, geschwéige dann e ganze Filillek an enger Klinik.

Hei hoffe mer, datt mer haut nach eng Kéier weider Detailler kréien a vläicht méi positiv Nouvellé kréie wéi aus deene rezente Téleesinterviewen.

Mir hoffen, gewuer ze ginn, bis wéini d'Patienten hei am Land net nëmmen ambulant, mee och stationär kéinte behandelt ginn, an zwar am Beräich vun der Ëmweltmedezinn an net nëmmen am Beräich vun der Medezinn.

Wat ass aus den héijen Ziler aus dem Koalitionsaccord ginn? Wat bleift Rescht a wat wäert konkret ëmgesat ginn?

Nach besser wéi eng adequat stationär Behandlung ass et natierlech awer, d'Krankheet guer net opkommen ze loosse, ech sot et virdrun. Hei fält dann awer och d'Stéchwuert „Preventioun“ erëm. An domat mengen ech wierklech d'Preventioun vum Ausbau vu gewësse Krankheeten an net just d'Fréierkennung.

Wa mer vu Preventioun vu Kribserkrankunge schwätzen zum Beispill, da geet et jo oft och dorëms, reegelméisseg Routineanalysen ze maachen, fir d'Krankheete schonn an engem ganz fréie Stadium ze erkennen, fir se dann, esou gutt et geet, behandelen ze kënnen.

Mee do geet et eigentlech jo manner drëm, enger Krankheet virzebeuge wéi dorëm, se fréi ze erkennen.

Natierlech sinn esou Routineënnersichunge wichteg a se rette ganz vill Liewen, mee mir kënnen awer nach méi maachen, wa mer nach e Schrëtt méi fréi ufänken an esou gutt et geet probéieren, déi Saachen ze vermeiden, déi Krankheeten iwwerhaapt eréischt auslësen. An hei si mer dann nees bei deem wichtige Thema vun der Opklärung.

Wann d'Leit net wëssen, wat se sech mat gewëssenen Zousatzstoffer a Liewensmëttel undinn, an net wëssen, wéi eng Materialien an hiren Haiser verbaut sinn, da kënnen se och net drop oppassen, sech gewëssene Stoffer net eréischt aussetzen. Dofir muss méi informéiert ginn. Dofir brauche mer méi Transparenz, wat d'Zousatzstoffer a Liewensmëttelen ugeet, wat d'Bausubstanzen an eisen Immobilien ugeet, wat d'Belaaschtung vun eise Biedem ugeet.

An do ass jiddweree gefuerdert! Do ass eng ganz Fro vu Wäerter. Dat ass net nëmmen eng medezinnesch Fro - dat ass eng gesamtgesellschaftlech Verantwortung!

A well et gesamtgesellschaftlech ass, muss awer och d'Industrie mat u Bord geholl ginn. Jo, se muss gezwonge ginn, Verantwortung ze iwwerhuelen, andeems streng Richtwäerter festgehalten an d'Depassementer dann och konsequent bestrooft ginn. Et kann net sinn, datt mer Richtwäerter festsetzen an herno, wann dann en Depassement ass, ass dat ëmmer en „Eenzelfall“, „en dramateschen Accident“ Jo nee, dat geet net duer! Mir müssen, wann en Depassement stattfënn, dat dann och kënnen richteg sanktionéieren.

Amplaz d'Leit duerno medezinnesch behandelen ze mussen, sollte mer also kucken, datt d'Leit iwwerhaapt esou mann wéi méiglech krank ginn.

Mee wa mer dat Zil erreche wëllen, da mussen mer endlech ëmdenken. Da mussen mer ophalen, eis Biedem, eist Waasser, eis Loft an eise Kierper fir de vermeintleche Fortschrëtt ze vergëften. An da mussen mer den Ëmweltschutz endlech virun déi wirtschaftlech Interesse stellen.

Mir hu just ee Planéit a jidderee vun eis huet och just ee Kierper. Dofir mussen mer endlech besser op béid oppassen!

Ech soen Iech villmools Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

**Prise de position du Gouvernement**

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop e grouss Merci fir deen ausféierlechen Echange. Ech si frou feststellen, dass e breeden - e ganz breeden! - Konsens hei am Raum ass iwwer d'Wichtigkeet vun der Ëmweltgesondheet an der Ëmweltmedezinn, déi dozou gehéiert, wann een dat och wëllt ëmsetzen.

D'Roll vun der Ëmwelt op eis Gesondheet, a béid Richtungen, fir eis krank ze maachen an och fir eis gesond ze erhalen, steet ausser Fro, och fir mech als Gesondheitsministerin. Ech géif dat gäre klären, ech hunn hei e puermol tëscht den Zeile geduecht ze verstoen, dat wär keng vu menge Prioritéiten. Dat ass weider näischt wéi de Beweis, dass hei Leit sinn, déi mech sécherlech net perséinlech kennen, soss géife se net op esou eng Iddi kommen. Dat ass eng vu menge grouss Prioritéiten! Dat ass e ganz staarkt perséinlecht Uleies, aus diverse Grënn.



Ech kann Iech och bestätegen, dass mam Untrëtt vum neien Direkter zu Esch eng vu mengen éischte Froen un hie war, wéi et sech mat dësem Projet huet, well et fir mech net nëmmen eng politesch, mee och eng Häerzugesuechee ass. Et huet deemools scho geheescht, hie wär net dorunner interesséiert, Esch wëllt dee Projet net méi - wéi Saachen oft gemengt a geduecht a gehéiert ginn!

Ech kann Iech confirméieren, dass meng Fro ganz kloer mat engem Jo fir dëse Projet beäntwert ginn ass. Ech hunn deen neien Direkter kennegeléiert, deen extreem begeschtert fir dëst Thema ass, deen dat eescht hält, deem et och eng Häerzugesuechee ass an dee mer dat vun der éischter Stonn u confirméiert huet.

Ech kann also domadder bestätegen, dass dat näischt anescht wéi Rumeure sinn, dass Esch dorunner net méi interesséiert wär, dass den Dokter Metz dorunner net méi interesséiert wär. Deem ass net esou! Genau de Géigendeel ass de Fall. Den Dokter Metz huet sech ganz intensiv mat dësem Thema auserneegesat, soubal e säin Amt iwwerholl huet zu Esch, an och eng Rei Schrëtt ënnerholl, fir dass de Projet weiderkënn. An en huet doranner meng ganz Ënnerstëtzung! Ech géif dat gärën ënnersträichen.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Mir hunn e Regierungsprogramm, deen eng Rei Prinzipie festgehalen huet. Déi sinn a kenger Hisiicht a Fro gestallt. A kenger Hisiicht! Dir hutt e puer Sätz am Regierungsprogramm stoen, déi wäerten ëmgesat ginn. Et ass genee an déi Richtung, wou geschafft gëtt. Et geet drëms, nieft der Offre ambulatoire, déi mer verstärkt wëllen hunn, och eng stationär opzebauen, dass dat schnell soll ugoen, mat deem, wat schnell kann ëmgesat ginn.

Dat fannen ech eng ganz saine Approche. Et ass genau dat, wat ech vum Dokter Metz héieren hunn, dass en amgaangen ass ze iwwerleeën, wéi mer ganz schnell kënnen déi ambulatoire Prise en charge organiséieren. An d'Konzept selwer - do kommen ech drop zrëck -, dat ass an der Ausschaffung. Et kann een net anescht soen, wéi dass deem esou ass.

Da geet et och drëms, dat néidegt Wëssen op d'Been ze kréien. Et ass ugeschwat ginn. Mir hate punktuell Formatiounen. Elo geet et drëms, säithier mer eng Uni hei am Land hunn, fir wierklech zesumme mat dësen Acteuren eng zolidd Formatioun op d'Been ze kréien, fir déi do aflëssen ze loosse, wou et Sënn mécht - dat heescht an der Grondausbildung -, mee doniewent och ze kucken, wéi ee kann hei zu Lëtzebuerg och Exzellenz bidden, a mat deene richtegen Acteuren, déi mer entre-temps hunn, och do eppes opzebauen.

Da selbsterständlech d'Prise en charge. Dat ass eng Selbsterständlechkeet. Wa mer bis definéiert hunn, vu wéi engem Typ vu Patient mer schwätzen, wat d'Prise en charge hei zu Lëtzebuerg wäert sinn, wat de Parcours wäert sinn, dann ass dat dat Normalst vun der Welt, dass een och eng Nomenclature do drop setzt an dass dat en charge soll geholl ginn.

Dofir, ech kann et net anescht soen, vu mir ass eng honnertprozenteg Ënnerstëtzung fir dëse Projet do! Am selwechte Sënn stinn ech och absolutt hannernt der Approche vum Dokter Metz, déi ech ganz strukturiéiert fannen. Ech sinn erstaunt ze héieren, dass dat, wat iwwert d'Antenn gaangen ass, interpretéiert gëtt, wéi wann eng Persoun géif e Projet hei ofwimmelen. Dat ass absolutt guer net de Fall!

Nach eng Kéier, fir drun ze erënneren: D'Autorisation ministérielle, den Zouschlag souzesoen, dass de CHEM dëse Projet soll kréien, dee geet zrëck op November 2019, dat fir e Service hospitalier national de médecine environnementale. Dat steet nach ëmmer. Dat ass ergaangen opgrond vum engem Avis vun der Direction de la Santé, deen deem virausgaangen ass ëm e puer Méint.

Dann ass eng Demande komm am Juni 2021 fir den Délai d'exécution. Also, dat heescht, den Accord de principe war 2019. An da war eng Oplag do, bannent engem gewëssenen Delai mat engem detailléierte Konzept bei eis virstelleg ze ginn. Du kout effektiv eng Demande am Juni 2021, fir dësen Delai ze verlängeren.

Och do géif ech gärën drun erënneren: D'Joer 2021, et dierft eis allegueren nach an Erënnerung sinn, Dir wësst, wat do lass war. Dir wësst och, wat 2020 op eist Land hei agefall ass. Et ass absolutt net esou, dass Gambia, wéi et gesot ginn ass, hei eppes géif ausbremsen.

Am Joer 2020 ass Lëtzebuerg, genau wéi Europa, genau wéi d'ganz Welt, vun enger Pandemie getraff ginn. A fir sämtlech Acteuren, déi do ronderëm implizéiert sinn, ass vun haut op muer, nieft hirer Agenda, nieft hiren normalen Attributiounen, déi schon net esou „ohne“ sinn a wou mer net ëmmer esou opgestallt waren, wéi ee sech et géif wënschen, eng ganz aner Aufgab ugefall. Mir hu mussen eng Pandemie geréieren, dat souwuel am Spidol wéi och bei eis an der Direction de la santé. Mir sinn zentralen Acteur an där Pandemie. Ech erënneren drun: Si ass och nach ëmmer net eriwuer. An déi bréngt mat sech, dass ganz vill vun eise Ressourcen op där Pandemie schaffen.

Deen Dossier hei hätte mer gäre méi schnell weidergefuert. Dir hutt d'Plateforme interministérielle ugeschwat. Dat sinn alles Aarbechten, déi zrëckgeschrafft gi sinn. An dat sinn net déi eenzeg Aarbechten. Ech verstopen dat absolutt net! Mir fuere wierklech no de Prioritéiten. Dat, wat mir gestäipt kréien nientw der Pandemie, dat ass dat absolutt Essenziell! Mee eis Ressourcë si gréisstendeels mat der Pandemie beschäftegt, genau wéi dat och an anere Länner de Fall ass.

Dat ass keng Situatioun, déi mir eis wënschen. Mir wieren déi éischt, déi frou wieren, wann deem net esou wier a wa mer kéinten eis Ressourcë verstärkt nees op eis Alldagsaarbecht setzen. Well do steet viles un an zwee Joer. Dat ass enorm! Dat ass eng enorm Zäit. Do ass viles ze kuerz komm. An ech mengen, ech brauch dat net ze erklären. Eigentlech, wann ee sech virun Ae féiert, vu wéi enge Jore mer hei schwätzen, wa gesot gëtt, dass vläicht e bësse manner gelaf ass bei enger Ëmweltambulanz, dass d'Plattformen net esou zesummekomm si wéi soss, dann, mengen ech, versteet een, firwat dass dat esou ass an net anescht konnt sinn.

*(Interruption)*

Ressourcen hu mer manner, dat stëmmt. Mir hunn eng ganz Rei Posten, déi net besat sinn. Dat verstopen ech Iech och net. Et ass net, wéi wa se net do wäeren. Et ass also net, dass net géif opgestockt ginn. Mir hu mëttlerweil am zweestellige Beräich Posten, wou mer net d'Leit fannen. Et si Leit, bon, Leit sinn an d'Pensioun gaangen, Leit hunn ons verlooss, sinn och an aner Ministère gaangen.

Ech brauch Iech net ze soen, dass et net dat Angeneemst ass, bei eis ze schaffen am Moment. Et sinn extreem laang Aarbechtsstonnen. Et ass kee flotte Kader am Moment. A mir hu wierklech

Schwierigkeeten, déi néideg Leit ze fannen. Mir hunn iwwer zéng Dokteren, déi mer sichen, déi mer net fannen am Moment. Alles dat si Problemer, mat deene mer mussen eens ginn, well d'Aarbecht ass net manner ginn. Au contraire! Mir hunn extreem vill Aarbecht, ënner anerem eebe pandemiebedéngt. An och generell ass ganz vill ze maachen am Beräich vun der Santé.

Wou si mer also prozedural drun? Ben, mir waarden u sech op dat detailléiert Konzept, dat eis soll virgeluecht ginn. Et ass also net esou, dass den Direkter vum CHEM an eenger Responsabilitéit hei géif iwwert de Projet vun der Ëmweltmedezinn decidéieren. Guer net! En huet och eng Gouvernance iwwer sech.

Et ass e Spidol. Dat ass eng privatrechtlech geféiert Struktur - ech hat et virdru schonn erwänt -, déi awer och en Organe de gouvernance huet. Déi huet e Conseil. Deen ass wuel, wéi dat hei zu Lëtzebuerg am Moment de Fall ass, relativ politesch besat. Mee trotzdem! An doriwwer hu mer Prozeduren. Wéi gesot, et ass eng Geneemegung do mat engem klaren Datum.

Bis de Mee - also Mëtt Mee - soll e Konzept virgeluecht ginn, en detailléiert Konzept, wéi déi Prise en charge soll ausgesinn, wéi dat soll ëmgesat ginn. An dat Konzept, dat mer da solle presentéiert kréien, do ass och eng Konditioun gewiescht, dass et begleet gëtt mat enger Convention de collaboration, mat engem kompetente Service aus dem Ausland, wou mer kënnen op gestanen Experienz zrëckgräifen. Alles dat ass am Lafen.

Wann Der mech elo haut frot, wat ech vun deem Konzept halen, da kann ech Iech näischt anescht soe wéi: „Ech weess et net!“ Dat Konzept ass nach net virgeluecht ginn. Ech jugéieren net op Wieder, déi an enger Pressekonferenz oder virun engem Mikro gesot ginn. Ech kucken den Dossier. Wann den Dossier bei mir erakënn, da gëtt en analyséiert.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | An den Datum, fir deen Dossier ze kucken, d'Deadline, déi gesat ginn ass, ass de 15. Mee. Bis elo ass keng weider Verlängerung gefrot ginn. Wann dat sollt de Fall sinn, da wäerte mer och dat analyséieren. Et kann een an dësen Zäiten eventuell och verstoen, dass dat méi Zäit brauch. Mee bis elo ass esou eng Demande op alle Fall bei mir net eragereecht ginn, soudass ech u sech op deen Datum waarden, fir dann ze gesinn, wat d'Konzept ass, dat virgeluecht gëtt, wat d'Iwwerleeunge sinn.

En attendant géif ech op alle Fall ganz staark déi Aart a Weis begreissen, wéi virgaange ginn ass. Et ass schonn erwänt ginn: Enn des Joers ass eng international Konferenz organiséiert gi vum CHEM, zesumme mam LNS, zesumme mat eiser Uni, fir sech mat dësem Thema ze befaassen. Do sinn net nëmmen Experten aus dem Ausland virstelleg gewiescht, mee och déi lokal Acteure konnte gehéiert ginn.

Dat ass esou, wéi ech mer erwaarden, dass soll geschafft ginn. Et ass dat, wat ech begreissen, dass zesumme mat de Leit definéiert gëtt, wéi déi nächst Schrëtt solle sinn. Ech hu mer och, en vue vun haut vum Debat, erkläre gelooss, wat d'Iwwerleeunge sinn, wou se am Moment dru sinn.

Et geet elo drëms ze definéieren: Wéi e Patient viséiere mer? Wat ass den typesche Patient, dee mer wëlle behandelen an dësem Service? Wat soll säi Parcours de soins sinn? De Parcours de soins muss definéiert ginn. Dat gehéiert zu dem Concept détaillé.





An da sollen och natierlech déi verschidden Etappen definéiert ginn, déi zum Patient senger Anamnees féieren. Alles dat muss erstallt ginn.

Den Accord de principe, dat ass vill méi eppes Generales gewiescht. Hei ass elo wierklech Detailaarbecht ze liwweren. An déi Detailaarbecht ass amgaangen, erstallt ze ginn.

Donieft muss jo och gekuckt ginn, wéi eng Traitement gemaach ginn. An dann ass et mer - op alle Fall vu mengem Point de vue oder, wéi ech et gewinnt sinn ze schaffen - relativ allichtend, wann déi doten Aarbechte bis ofgeschloss sinn, dass een dann eréischt eng richteg Vue huet vun der Envergure: Geet déi Unzuel vu Better, déi am Raum steet, duer? Geet et net duer? Sinn et der genuch? Dofir muss ee jo fir d'éischt definéieren: Wéi e Patient wëlle mer do behandelen? Wéi ee Krankheitsbild wëlle mer do behandeln? Wat ass de Parcours de soins? Mat wem gëtt zesumme gemaach?

Et ass op alle Fall zu kengem Moment gesot ginn - ech hunn dat och vu kengem héieren -, dass déi Better vum Dësch wäeren. Dat, wat an Ausiicht gestallt ginn ass, ass e schnell Ufänken am ambulatorië Beräich. Mir zaubere jo elo net e Raum dohinner bannent engem Mount. Ech kann et och nëmme begräissen, dass hei Iwwerleeunge gemaach ginn, fir schnell unzefänken an dann ebe „step by step“ weiderzefueren an och ze evaluéieren, wat d'genau Besoine sinn, en fonction ebe vun deenen Detailler, déi elo erschafft wäerte ginn.

Ech kann also zu dësem Zäitpunkt net méi zu engem Projet soen, deen amgaangen ass ausgeschafft ze ginn. Ech bieden Iech, do ze respektéieren, dass déi Leit, déi dorobber schaffen, och d'Recht hunn, sech déi Zäit ze huelen, déi se gefrot hunn. Si hunn dat accordéiert kritt, bis de Mee kënnen dorobber ze schaffen.

Wann et bis esou wäit ass, da wäerte mir eis dat ukucken. Dat Konzept, dat virgeluecht gëtt, dat gëtt sécherlech net vum Dokter Metz aleng avaliséiert. Dat gëtt fir d'éischt och aviséiert vum Direkter vun der Santé; esou ass dat virgesi vum Gesetz, soudass do eng Etapp usteet, wou e Regard politique wäert drop kommen.

Ech wollt just nach - dat ass e puermol ugeschwat ginn - op eis Ëmweltambulanz agoen. Säit enger Zäit gëtt dës Aarbecht net méi vun där Ambulanz gemaach. Dat war e ganz gudder Start, dee mer haten, mee dat ass an eng aner Dimensioun eriwweergaangen. Dat gëtt haut vum LNS gemaach. Mir orientéiere Leit nach vläicht punktuell, mee d'Aarbecht selwer, fir déi Moossungen ze maache bei de Leit, gëtt vum LNS gemaach. Dat gëtt och iwwerholl, wann et op Preskriptioun vun engem Dokter ass.

Mee och do géif ech drop hiweisen, dass den LNS och en Acteur ass, dee ganz staark an der Kris mobiliséiert war. Et huet een d'Tendenz, immens schnell ze vergiessen, mierken ech. Mee och den LNS war nieft sengen normalen Aufgabe staark ënnerwee an de Schoulen, Dir erënnert Iech, déi ganz Testaktiounen an de Schoulen. An den Altersheemer sinn Demarché gemaach ginn, Actions coup de poing mat Testen.

Dat sinn alles Aufgaben, déi gestäipt gi sinn, deels mat bestënnendem Personal, deels mat Opstockung, mee déi pandemiebedéngt waren. An dass do déi aner Aufgabe mol mat Momenter ze kuerz komm sinn, dat ass inevitabel. Dofir stinn ech och ganz gäre riicht. Dat ass kee Geheimnis. Dat ass bei eis am Haus esou - et ass iwwerall esou!

Et huet ee sech musse riichten no där Situatioun. An ech kann och absolut net am Passé nach schwätzen! Mir mussen eis och elo nach riichten no der Situatioun. Et ass nach alles anescht wéi Normalitéit bei eis um Ordre du jour, an dat wäert nach eng Zäit daueren.

Voilà! Dat war et, wat ech zu dësem Projet wollt soen. Ech mengen, ech hu keng spezifesch Fro iwwersinn. Wann dat de Fall sollt sinn, dann ass bestëmmt een, dee sech zu Wuert mélt.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, der Madamm Gesondheetsministesch. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

## 14. Résolution de M. Marc Goergen relative à l'installation de distributeurs de produits hygiéniques dans les toilettes de tous les bâtiments de la Chambre des Députés

*(Résolution déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 13 de ce compte rendu)*

Da kéime mer nach just zur Resolutioun, déi den Här Marc Goergen am Ufank vun der Sitzung deponéiert huet. Wie wëllt nach d'Wuert zu dëser Resolutioun ergräifen? Den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci, Här President. Ech proposéieren, dass mer déi Resolutioun hei an de Bureau vun der Chamber verweisen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Wien d'accord ass, fir dës Resolutioun an de Bureau ze verweisen, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

*(Interruption par M. Marc Goergen)*

A, den Här Marc Goergen wëllt awer nach eppes soen.

**M. Marc Goergen** (Piraten), auteur | Jo. Merci. Also, ech si voll averstanen. Ech sinn averstanen, dass et an de Bureau geet. Et ass just: déi gréng haten nach gefrot, fir eng Ajoute ze maachen. Ech weess net, ob mer déi sollen nach direkt derbäimachen, fir dass et och korrekt an de Bureau geet, oder net. Well déi gréng haten dat gefrot, an ech hat do direkt Jo gesot.

Merci.

**Vote sur le renvoi de la résolution au Bureau**

**M. Fernand Etgen**, Président | Wien ass d'accord, fir dës Resolutioun an de Bureau ze verweisen?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

*(La résolution de M. Marc Goergen est renvoyée au Bureau de la Chambre.)*

Domat si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 19.02 heures.)*

## 33<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

### Sommaire

1. Ouverture de la séance publique ..... p. 41  
M. Fernand Etgen, Président
2. Dépôt d'une motion par M. Jeff Engelen ..... p. 41  
Exposé : M. Jeff Engelen
3. 7893 - Projet de loi portant modification :  
1° de la loi du 13 mars 2018 portant création d'un Observatoire national de la qualité scolaire ;  
2° de l'article 6 de la loi modifiée du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves ;  
3° de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse ..... p. 42  
Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Claude Lamberty

Discussion générale : M. Max Hengel | Mme Francine Closener | Mme Josée Lorsché | M. Fred Keup (intervention de M. Sven Clement) | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

4. 7774 - Projet de loi portant modification de :  
1° la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif ;  
2° la loi modifiée du 17 avril 2018 relative aux documents d'informations clés relatifs aux produits d'investissement packagés de détail et fondés sur l'assurance ;  
3° la loi du 16 juillet 2019 portant mise en œuvre des règlements EuVECA, EuSEF, MMF, ELTIF et Titrisation STS ;



en vue de la transposition de la directive (UE) 2021/2261 du Parlement européen et du Conseil du 15 décembre 2021 modifiant la directive 2009/65/CE en ce qui concerne l'utilisation de documents d'informations clés par les sociétés de gestion d'organismes de placement collectif en valeurs mobilières (OPCVM), et de la mise en œuvre :

1° du règlement (UE) 2019/1238 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 relatif à un produit paneuropéen d'épargne-retraite individuelle (PEPP) ;

2° du règlement (UE) 2019/2088 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 sur la publication d'informations en matière de durabilité dans le secteur des services financiers ;

3° du règlement (UE) 2020/852 du Parlement européen et du Conseil du 18 juin 2020 sur l'établissement d'un cadre visant à favoriser les investissements durables et modifiant le règlement (UE) 2019/2088 ;

4° du règlement (UE) 2021/557 du Parlement européen et du Conseil du 31 mars 2021 modifiant le règlement (UE) 2017/2402 créant un cadre général pour la titrisation ainsi qu'un cadre spécifique pour les titrisations simples, transparentes et standardisées, afin de favoriser la reprise après la crise liée à la Covid-19 ;

5° du règlement (UE) 2021/2259 du Parlement européen et du Conseil du 15 décembre 2021 modifiant le règlement (UE) n° 1286/2014 en vue de proroger le régime transitoire appliqué aux sociétés de gestion, aux sociétés d'investissement et aux personnes qui fournissent des conseils au sujet des parts d'organismes de placement collectif en valeurs mobilières (OPCVM) et d'OPCVM non coordonnés ou qui vendent ces parts ..... p. 47

Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler

Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. Yves Cruchten | M. François Benoy | M. Roy Reding | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

## 5. 7825 - Projet de loi portant

1° modification de la loi modifiée du 22 mars 2004 relative à la titrisation et portant modification de - la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier - la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier - la loi du 27 juillet 2003 sur le trust et les contrats fiduciaires - la loi modifiée du 4 décembre 1967 relative à l'impôt sur le revenu - la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune - la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

2° modification de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ;

3° modification de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ;

4° modification de la loi du 16 juillet 2019 portant mise en œuvre des règlements EuVECA, EuSEF, MMF, ELTIF et Titrisation STS ;

5° mise en œuvre du règlement (UE) 2020/1503 du Parlement européen et du Conseil du 7 octobre 2020 relatif aux prestataires européens de services de financement participatif pour les entrepre-

neurs, et modifiant le règlement (UE) 2017/1129 et la directive (UE) 2019/1937 ..... p. 50

Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler

Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. Dan Biancalana | M. François Benoy | M. Roy Reding | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

## 6. 7861 - Projet de loi portant modification de la loi du 17 avril 2018 relative aux indices de référence ..... p. 53

Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler

Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. Dan Biancalana | M. François Benoy | M. Roy Reding | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

## 7. Heure d'actualité du groupe politique CSV sur la perte du pouvoir d'achat des ménages ..... p. 55

Exposé : M. Gilles Roth (interventions de M. Fernand Kartheiser, M. Yves Cruchten et Mme Martine Hansen)

Débat : M. André Bauler (interventions de M. Gilles Roth et Mme Martine Hansen) (dépôt de la motion 1) | Mme Cécile Hemmen | M. François Benoy | M. Roy Reding (dépôt de la motion 2) | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement (dépôt des motions 3 et 4) | M. Gilles Roth

Prises de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | M. Gilles Roth (parole après ministre) | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie (interventions de M. Sven Clement et Mme Martine Hansen) | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Turmes | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) | M. Sven Clement (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Turmes

Motion 1 : M. Gilles Roth (interventions de Mme Myriam Cecchetti, M. Yves Cruchten et M. Gilles Baum) | M. Dan Kersch | M. Roy Reding (interventions de M. Dan Kersch) | M. Gilles Baum | Mme Myriam Cecchetti (intervention de M. Dan Kersch) | M. Yves Cruchten | M. Sven Clement (interventions de M. Gilles Baum, M. Dan Kersch, M. Yves Cruchten et Mme Cécile Hemmen)

Vote sur la motion 1 (adoptée)

Motion 2 : M. Gilles Roth (interventions de M. Yves Cruchten et Mme Martine Hansen) | M. Gilles Baum | M. Sven Clement | M. Yves Cruchten | M. Roy Reding

Vote sur la motion 2 (rejetée)

Motion 3 : M. Gilles Roth | M. Gilles Baum | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Vote sur la motion 3 (rejetée)

Motion 4 : M. Gilles Roth | M. François Benoy | M. Roy Reding | Mme Myriam Cecchetti | M. Yves Cruchten | M. Sven Clement

Vote sur la motion 4 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Claude Meisch, M. Claude Turmes et Mme Yuriko Backes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

## 2. Dépôt d'une motion par M. Jeff Engelen

Da géif ech direkt d'Wuert ginn un den Här Jeff Engelen fir den Depot vun enger Motioun.

### Exposé

M. Jeff Engelen (ADR), auteur | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, opgrond vun internationalen Entwécklungen ass de Schwéngsmaat hei zu Lëtzebuerg staark ënner Drock gerochen. Fir datt de Lëtzebuerg Schwéngsmaat net abrécht, froe mir eng finanziell Hëllef op nationalem Niveau, fir deem entgéintzewierken.

Ech soen Iech Merci, Här President.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Jeff Engelen (ADR), auteur | Wannechgelift, Här President.

### Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest,

- datt d'Lëtzebuerg Schwéngsbauerinnen opgrond vun internationalen Entwécklungen finanziell staark ënner Drock stinn;

- datt den EU-Deputéierten an Agrarprieger vum der EVP, Herbert Dorfmann, vun enger „historesch“ schwéieriger Situatioun um Schwénggefleschmarché schwätzt;

- datt sech d'Situatioun fir d'Schwéngsbauere weider verschäerft, well si aktuell Rekordpräisser fir d'Fudder an Düngemittel bezuele mussen;

- datt déi franséisch sougenannten „Interprofession fir Schwénggeflesch“ (Inaporc) schonn op de Wee gaangen ass, fir staatlech Ënnerstëtzung unzefroen;



- datt den Här Landwirtschaftsminister an engem Interview mat der Zeitung „De Lëtzebuerger Bauer“ matgedeelt huet, datt d'Europäesch Unioun sech schwéier domat deet, de Schwéngsbauern zousätzlech finanziell Ennerstëtzung zoukommen ze loossen,

fuerdert d'Regierung op,

- déi néideg Dispositiounen ze ënnerhuelen, fir de Lëtzebuerger Schwéngsbauern op nationalem Niveau finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen.

(s.) Jeff Engelen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Engelen.

### 3.7893 - Projet de loi portant modification :

**1<sup>o</sup> de la loi du 13 mars 2018 portant création d'un Observatoire national de la qualité scolaire ;**

**2<sup>o</sup> de l'article 6 de la loi modifiée du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves ;**

**3<sup>o</sup> de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse**

Den éischte Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7893 iwwert d'Kreatioun vum Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Max Angel, d'Madamm Francine Closener, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Fred Keup an den Här Sven Clement.

An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Claude Lamberty.

(Brouhaha)

**Une voix** | Max Angel?

**M. Claude Lamberty (DP)** | De Marc Angel, direkt aus Europa.

(Brouhaha et hilarité)

**M. Fernand Etgen, Président** | Den Här Max Hengel, pardon.

**M. Claude Lamberty (DP)** | A!

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen, Président** | Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**

**M. Claude Lamberty (DP), rapporteur** | Jo, ech hunn héieren, et wär haut seng éischt grouss Ried fir esou e grouse Projet. Dofir, kommt mer loossen en net vernennen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Observatoire de l'enfance et de la jeunesse a mam Observatoire national de la qualité scolaire existéieren den Ament zwee Observatoiren ënnert dem Schierm vum Educatiounsministère.

Während den Observatoire de l'enfance et de la jeunesse sämtlech Facteuren analyséiert, déi sech op d'Entwécklung an op d'Wuelbefanne vun de Kanner a Jugendlechen auswirken, konzentréiert sech den Observatoire national de la qualité scolaire, sou wéi den Numm et scho seet, op d'Evaluatioun vum Lëtzebuerger Schoulsystem.

An Zukunft wëllt de Ministère allerdéngs béid Observatoire matenee verschmelzen a soumat eng „structure unique“ fir d'Evaluatioun vun engersäits der

formaler an anerersäits der non-formaler Bildungslandschaft schafen.

Dëse Projet de loi proposéiert dofir, den Observatoire de l'enfance et de la jeunesse an den Observatoire national de la qualité scolaire ze integréieren. Aus dëser Fusioun soll dann eng nei Struktur entstoen, déi da sämtlech Aspekter vun eiser Kanner-, Jugend- a Bildungspolitik ënnert d'Lupp hält.

Ier ech weider Detailler zum Projet ginn, wëll ech als Éischt e kuerzen - an ech versprechen, e kuerzen - Ausfluch an d'Vergaangenheet maachen.

2008 gouf zu Lëtzebuerg d'Jugendgesetz gestëmmt, e wichtegt Gesetz, dat net just d'Integratioun, d'Educatioun an d'Participatioun vun eise jonke Matbirger gestärkt huet, mee och eng éischt Struktur fir d'Evaluatioun vun der Lëtzebuerger Jugendpolitik geschaaft huet: den Observatoire de la jeunesse.

Dësen hat als Aufgab, statistesch Donnéeën iwwert d'Liewenskonditiounen vun de Jonken ze sammeln an d'Regierung bei der Entwécklung vun neie Jugendpoliticken ze ënnerstëtzen.

2016 krut den Observatoire dunn eng weider Zilgrupp derbäi, an zwar d'Kanner vun null bis zwielef Joer. Saitdeem funktionéiert d'Struktur ënnert dem Numm Observatoire de l'enfance et de la jeunesse an huet als Aufgab, eng systematesch an eng transversal Analys vun eise non-formale Bildungssystem ze maachen. Hei geet et also haaptsächlech drëms, déi sozio-ekonomesch Facteuren ze analyséieren, déi sech op d'Wuelbefanne vun eise jonke Matbirger auswirken.

Wat de Beräich vun der formaler Bildung betrëfft, also d'Organisatioun an de Funktionement an de Schoulen a vun de Schoulen, hu mir och do säit 2018 eng Struktur, déi reegelméisseg Rapporten a statistesch Donnéeën publizéiert, nämlech den Observatoire national de la qualité scolaire.

Et handelt sech dobäi ëm eng extern, neutral an onofhängeg Struktur, déi d'Entwécklung vun der Schoul a virun allem d'Qualitéit vum Unterrecht evaluéiert. Als eemolege Rapporteur vun dësem Gesetz wëll ech op dëser Plaz nach emol d'Wichtegkeet vun dësem Gremium ënnersträichen, deen eis et erméiglecht huet, den Debat ronderëm d'Schoulentwécklung op eng sachlech a wëssenschaftlech Aart a Weis ze féieren, wäit ewech vum dagespolitesche Geschéien. An ech denken och, datt d'Observatoire mat hirer Aarbecht schonn e gudden Deel zu der Qualitätssteigerung an eise Bildungssystem bäigedroen hunn.

Wéi scho virun erwänt, gëtt et den Ament also zwee Observatoiren, déi den Educatiounsministère mat Rotschléi an Informatiounen ënnerstëtzen. Duerch déi rasant Entwécklung vun eiser Gesellschaft an den ëmmer méi groussen Erwaardungen un eise Bildungssystem ass allerdéngs och den Aarbechtspensum vun den Observatoire staark an d'Luucht gaangen. Hei derbäi kënnt, datt d'Analysen an d'Donnéeën ëmmer méi komplex ginn an et och ëfters zu Iwwerschneidungen tëscht den Aufgabe vun den zwou Strukture kënnt.

A genee weinst dësen Iwwerschneidunge wëllt de Ministère an Zukunft d'Kollaboratioun tëscht den Observatoire vun deenen zwou Institutiounen vereinfachen. Dëse Projet de loi proposéiert deemno, fir béid Strukture matenee ze fusionéieren an eng Structure unique mam Numm Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire ze schafen.

Déi nei Struktur soll dann zwou Sektioneen enthalen, déi souwuel eegestänneg wéi och gemeinsam Projete kënnen ausschaffen: d'Sektioun Enfance et jeunesse an d'Sektioun Qualité scolaire. Béid Sektione wäerten all Joer op d'mannst een themateschen Rapport mat Recommandatiounen zu engem spezifischen Thema publizéieren. All fënnf Joer soll ausserdeem en

ausféierleche Rapport iwwer engersäits d'Qualitéit vum Schoulsystem an anerersäits d'Situatioun vun de Jonken ausgeschafft ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Lamberty (DP)** | Ech wëll op dëser Plaz och nach emol ervirhiewen, datt et net drëms geet, den Enseignant permanent iwwert d'Schëller ze kucken oder si ze kontrolléieren, mee datt et drëms geet, en objektive Constat iwwer eise gesamte Bildungssystem ze maachen.

Déi geplangte Fusioun bréngt direkt dräi grouss Virdeeler mat sech.

Éischtens kann d'Potenzial u Synergien tëscht der formaler an der non-formaler Bildung duerch d'Zesummeffiere vun den Observatoire voll a ganz ausgenotzt ginn. Den direkten Echange iwwer gemeinsam Theemefelder an iwwert d'Transitiounen tëscht der formaler an der non-formaler Bildung erméiglecht also am Endeffekt eng méi effikass Aarbecht.

Zweetens gëtt och d'Effizienz, also de globale Käschtepunkt vun de Missiounen, verbessert, dat, well verschidde Ressourcë kënne gedeelt ginn.

Drëttes ënnersträiche mir mat dëser Fusioun d'Wichtegkeet vun enger Bildungspolitik, an där d'Kand am Mëttelpunkt steet. Fir d'Wuelbefannen an d'Rechter vun de Jonken ze garantéieren, brauche mir nämlech eng Politik, déi souwuel déi formal wéi déi non-formal Bildungsaspekter berücksichtegt.

Zu gudder Lescht wëll ech nach emol kuerz op déi verschidden Avise vun de Beruffskummeren a vum Staatsrot ze schwätze kommen.

Am grouse Ganze gëtt d'Fusioun an d'Kreatioun vum neien Observatoire vu sämtlechen Acteure guttgeheescht. Och déi gréisser Transparenz bei den Indemnitéiten vun den Observatoire gouf direkt e puermol gelueft.

Wat allerdéngs d'Krittäre fir de Rekrutement vum Personal ubelaangt, sou ginn d'Meenungen e bëssen auserneen. Während d'Staatsbeamtekommer kritiséiert, datt och Leit aus dem Privatsektor kënnen op dës Poste gesat ginn, sou ass et genee dës Punkt, deen d'Chambre des Salariés immens gutt fënn. D'Periodicitéit vun de Rapporten an d'Unzuel vum Personal sinn zwee weider Punkten, déi diskutéiert goufen. D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers sinn der Meenung, datt et duergaange wär, nëmme fënnf amplaz aacht Observatoire pro Sektione virzugesinn. Béid Kummeren hunn ausserdeem derfir plädéiert, datt d'Rapporten all zwee anstatt just all fënnf Joer solle publizéiert ginn.

Vun der Sait vum Staatsrot koume keng gréisser Kriticken, soudatt mir de Projet d'lescht Woch an der Kommissioun konnten unhuelen.

Am Numm vun der DP-Fraktioun ginn ech den Accord fir dëse Projet an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | An ech soen dem Här Rapporteur Claude Lamberty villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorablen Här Max Hengel.

Här Hengel, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Max Hengel (CSV)** | Merci, Här President. Ech begrëssen heibannen de Kolleg Marc Angel, wann et schonn hei zu enger Konfusioun komm ass. Mee dat ass awer ... Jo, mir hunn de selwechte Coiffer.

(Brouhaha et hilarité)

Et ass nach nei. Genau.

(Brouhaha)



Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, fir unze-fänken dem Rapporteur Claude Lamberty e grouse Merci fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. En ass esou ausféierlech gewiescht, datt ech souguer nach Deeler vu menger Ried kann ewechloossen.

Ech erlabe mer just e puer Remarken am Hibleck op den Historique vum Projet. Den Här Lamberty huet et gesot: Mam Gesetz vum 4. Juli 2008 ass den Observatoire de la jeunesse geschaaft ginn. Dat war deemools och am Sënn vun der Ëmsetzung vun den europäeschen Objektivern an notament och vun de Recommendationen vum Conseil de l'Europe, deem dem Grand-Duché un d'Häerz geluecht hat, eng méi global Approche ze hunn, wat d'Erwaardungen vun der Jugend ugeet.

Ech ginn net méi op d'Faite vun 2013 an. Mee ech gi kuerz drop an, wat 2018, wéi den Observatoire national de la qualité scolaire an d'Liewe geruff gouf, geschitt ass, wat och d'Positioun vun der CSV deemools war.

Den Observatoire ass geschaaft ginn, fir dem SCRIPT zur Säit ze stoen an en externen a systemesche Bléck op de Fonctionnement vum Schoulsystem an d'Educationspolitik ze hunn. Deemools huet d'CSV dëse Projet net matgedroen, well e Gremium vun aacht Observateuren geschaaft ginn ass, vun deem op den éischte Bléck net erkennbar war, wéi dann d'Qualitéit vum Schoulsystem kéint verbessert ginn.

En plus ass och deemools nach op der Uni Lëtzebuerg eng Aarbecht gemaach ginn, déi de Missiounen vun den Observateuren entsprach huet. D'CSV war der Meenung, datt et besser wier, dat ze stäerken, wat schonn en place war, wéi en neie Gremium ze schafen, dee vu senger Definitioun hier zwar extern an neutral ass, gläichzäiteg awer och der Autoritéit vum Minister ënnersteet.

Mir hunn also haut am selwechte Ministère mam Observatoire de l'enfance et de la jeunesse a mam Observatoire national de la qualité scolaire zwee Observatoiren, déi Informatiounen iwwert d'Situatioun vun de Kanner a Jugendlechen an och iwwert d'Stärkten a Schwächen vun eisem Schoulsystem sammelen.

Mir begreifen et haut als CSV-Fraktioun am Sënn vun enger besserer Kollaboratioun an och enger besserer Koordinatioun a Gestiou vun alle gesammelten Informatiounen an Donnéeën, datt dës zwee Observatoiren zu enger eenzeger Struktur fusionéieren.

Och wann ech dann elo d'Spannung schonn erausgeholl hunn, erlaabt mir awer nach e puer Punkten ze nennen, déi an de verschiddenen Avisen zu dësem Projet ervirgehuwe ginn an déi eng Rei vun eise Bedenken als CSV-Fraktioun deelen.

Dës eenzeg nei Struktur geet per se net duer, fir elo eng holistesche Approche am Beräich vun der Evaluatioun vum Schoulsystem ze hunn. Mir müssen also en An drop halen, datt déi Rapporten, déi gemaach ginn, och dësem Usproch gerecht ginn. An de Staatsrot huet jo och drop higewisen, datt e gemeinsame Rapport vun den zwou Sektione vum Observatoire kéint néideg sinn, fir deem Usproch eebe gerecht ze ginn.

Dann huet d'Chambre de Commerce och vollkommen zu Recht drop higewisen, datt d'Interaktiounen vum Observatoire mat deenen aneren nationalen Acteuren, wéi dem SCRIPT, der Uni an dem Luxembourg Center for Educational Testing, muss gekläert ginn. Souwuel d'Chambre de Commerce wéi och d'Chambre des Métiers - den Här Rapporteur hat dat och gesot - wënsche sech méi kuerz Intervallen tëschent der Publikatioun vun de Rapporten. Effektiv muss ee soen: An

enger Welt, déi ëmmer méi séier dréit, wou all Dag nei Trends an Technologien derbäikommen, déi en Afloss op d'Liewe vun eise Kanner an eise Jugendlechen hunn, si fënnel Joer eng laang Zäitspann.

D'Chambre des Salariés géif sech dann och wënschen, datt d'Rapporte géifen effentlech virgestallt ginn an an der Regierung géifen diskutéiert ginn. Ech denken och, datt jiddereen heibannen Demandeur ass, datt déi Rapporten och hei an enger effentlecher Sëtzung géifen debattéiert ginn.

Mir sinn dann och der Meenung, datt et ganz wichteg ass, datt déi Rapporten mam OKaju zesummen analyséiert ginn an déi noutwendeg Schlëss draus gezu ginn.

Et wier dann och gutt, wann all déi Informatiounen an Donnéeën, déi zesummedroen gi vun deenen zwou Sektione vum Observatoire a vun allen aneren nationalen Acteuren an deem Beräich, géifen zentraliséiert ginn a wann all déi Concernéiert kéinten, selbstverständlech am Aklang mam Datschutz am Ëmgang mat esou sensibelen Donnéeën, drop Zougang hunn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, no zwee Joer Pandemie ass et immens noutwendeg, datt mir all Effort ënnerhuelen, fir e Bléck op d'Wuelbefanne vun eise Kanner, souwuel innerhalb wéi och ausserhalb vun de Schoulen, ze riichten, well d'Kanner an déi Jugendlechen si mat déi, déi am meeschten ënnert dëser sanitärer Kris leiden.

Ech ginn heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Hengel. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Merci, Här President. Wéi gutt ass eis Schoul? Wéi bereet se eis Kanner a Jugendlechen op d'Liewe vir? An do, wou se net gutt ass: Wat muss gemaach ginn, fir datt se besser gëtt? Dat sinn déi zentral Froen, déi eis mussen beschäftegen, wa mer iwwer Educationspolitik schwätzen an decidéieren.

Vu datt jiddereen an der Schoul war, zitt een nawell ganz gär Vergläicher mat senger eegener Schoulkarriär, och wann dat scho Joren oder fir muncher ee souguer Joerzëngten hier ass an d'Welt haut eng ganz aner ass an d'Rezepten vu gëschter iwwerlieft sinn.

Fir d'Schoulpolitik vun der Zukunft ze maachen, eng chanceregerecht Schoulpolitik, geet et net duer, fir sech op den eegene Vecu, op Bauchgefiller oder Ideologien ze beruffen. Fir eng Schoulpolitik ze maachen, déi am Sënn ass vun de Kanner vun haut, braucht ee Fakten, Fakten an nach emol Fakten, op déi ee sech baséiere kann a muss.

Duerfir war et richtig, 2018 den Observatoire vun der Schoulqualitéit ze schafen, en Observatoire, deem héich interessant Rapporten erausbréngt mat wichtegen Informatiounen an och Recommendationen. A genee sou richtig ass et haut, deem Observatoire mat enger zweeter Sektione ze ergänzen, respektiv mat deem Observatoire vun der Jeunesse an der Enfance ze verschmelzen. Schliisslech si formal an non-formal Bildung jo och am Ministère net fir näischt beieneg geluecht ginn. D'Kanner als e Ganzt ze kucken, ass jo dat, wat mer alleguerter fuerderen an och brauchen.

Extern, neutral Evaluatiounen iwwert, duerch an am Enseignementsweise si vu kruzialer Bedeitung, fir de System ze verbesseren, wat, wéi gesot, d'Zil vun all

Educationspolitik muss sinn. Fir kënnen ze evaluéieren, muss awer fir d'éischt eng neutral Observatioun an Analys gemaach ginn.

Duerfir ënnerstëtzt d'LSAP dëse Projet de loi natierlech, deem d'Zesummeleer vum deenen zwee Observatoiren virgesäit. Méi effikass a professionell Strukturen sinn ëmmer ze begreifen. De Rapporteur ass jo am Detail dorobber agaangen. Duerfir och vu menger Säit e grouse Merci.

Just nach e puer Remarken.

D'Onofhängegkeet vum Observatoire ass natierlech eng zentral Konditioun fir seng Kredibilitéit. D'Chambre des Salariés an d'Chambre de Commerce hunn an hirem jeeeweilegen Avis d'Suerg zum Ausdrock bruecht, datt d'Aarbechten effektiv onofhängeg an objektiv mussen kënnen gefouert ginn. Déi Suerg deele mer; mer sinn awer an engems och der Meenung, datt déi Onofhängegkeet net a Fro gestallt ass.

Da fuerdert d'Chambre de Commerce och eng Evaluatioun vum Corps enseignant. Effektiv - dat krute mer an der Kommissioun confirméiert - ass Lëtzebuerg mat dat eenzegt Land a ganz Europa, wou et keng esou eng extern Schoulevaluatioun gëtt! Duerfir sinn ech ganz frou, datt eng Etüd iwwert d'Gouvernance vum Lëtzeburger Schoulsystem fest geplangt ass, respektiv schonn an der Maach ass.

Ech denken, mir brauchen déi séier, net fir eis Acteuren an der Schoul rosen ze maachen oder iergendwéi Rankingen opzestellen - dat ass dat Lescht, wat mer wëllen a brauchen -; et geet just an exklusiv drëm, fir jidderengem, dee mat Kanner a Jugendlechen schafft, ze hëllefen. Esou e Bléck vu baussen, en neutrale Bléck vu baussen, kann nämlech nëmmen hëllefen, wann ee kloer als Zil huet, de System ze verbesseren. An duerfir ass och déi participativ Approche, déi den Observatoire vun der Schoulqualitéit vun Ufank un un den Dag geluecht huet, sou néideg, den Dialog sou wichteg fir eeben d'Akzeptanz vun der Aarbecht an och d'Ëmsetzen herno vun de Recommendationen.

An dann, last but not least, eng Bemierkung vum Staatsrot, déi an eisen Ae ganz pertinent ass: dat ass d'Zesummenaarbecht vun deene béide Sektione vum Observatoire. De Conseil d'État hat sech eng méi grouss Interconnectioun gewënscht. Effektiv, mengen ech, ass et vun immens grousser Bedeitung, datt zesummeschafft gëtt, datt déi holistesche Vue vum Kand a Jugendlechen sech och an der Aarbecht vum Observatoire erëmpigelt. Et ass ganz richtig a gutt, datt all Sektione eege Rapporten erausbréngt. Dat fannen ech nëmmen normal. Mee fir eis ass et awer och wichtig, datt de ganzen Observatoire zesummeschafft a gemeinsame Etüde mécht, zum Beispill, kéint ech mer virstellen, a puncto Inklusioun oder Zesummenaarbecht mat den Elteren oder - an dat ass, mengen ech, fir eis op jidde Fall mol, fir mech de gréisste Problem an eisem Schoulsystem - iwwert d'Chancenongerechtegkeet.

Nëmmen wann all d'Aspekter vum Liewen an der Schoul a baussent der Schoul gekuckt ginn, déi formal an déi non-formal Bildung matene gekuckt ginn, komme mer virun. Net laanscheneen, scho guer net géinteneen, mee just zesummen!

Domat soen ech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der LSAP.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Closener. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de



loi ass jo eigentlech déi logesch Konsequenz vum Koalitionsaccord vun 2013, wou d'Koalitions-partner decidéiert hunn, d'Kanner- a Jugendpolitik mat der Schoulpolitik an eenzege Ministère ze bréngen. An Dir wësst och alleguer, dass mir Gréng dat wierklech ënnerstëtzt hunn, well et méi eng transversal a méi eng ganzheetlech Approche erlaabt an deem ganze Secteur an dann natierlech och den Opbau vu Synergien an neien Netzwierker vereinfacht.

Bei dësem Projet de loi geet et natierlech och ëm d'Bündelung vun de Ressourcen, ëm Synergien, an dofir begrësse mer, dass dës zwee Observatoiren dann och zesummegefuert ginn.

Um Zil ännert sech näischt. Beim neien Observatoire geet et drëms, d'Qualitéit am Kanner-, Jugend- a Schoulsektor ze analyséieren, fir se op Basis vu relevanten Erkenntnisser an der Entwécklung vun neien Zenarie verbesseren ze kënnen. De Claude Lamberty huet dat hei virdu gutt erkläert, an dofir him och e grouse Merci.

Dës Strategie vun der Qualitéitsentwécklung ass u sech net nei. Si staamt aus dem Privatsektor, wou se hiren Ursprung huet. Dat war an den 90er-Joren, wou déi meescht privat Betriber a Servicer op de Wee gaange sinn, fir e Qualitéitsmanagement anzeféieren. An de leschten 10 bis 20 Joer huet dës Strategie sech dunn och am ëffentleche Sektor duergesat.

Am Fall vum neien Observatoire, dee mer elo schafen, geet et da méi speziell drëms, d'Qualitéit global ze verbesseren an definitiv och op Verwaltungsebene unzekerken, datt Léierprozesser net just an der Schoul stattfannen, mee och am ganz breet gefächerte Beräich vun der non-formaler Bildung. Dir wësst, wat domat gemengt ass. Dat sinn net nëmmen d'Betreiungsstrukturen, wou vill Kanner ënnerwee sinn, et sinn och d'Kultur- a Sportsveräiner, et sinn d'Scouter, d'Jugendhaier oder aner Peergruppen, wou Gläichaltreger sech begéinen, wou se Kompetenzen opbauen a wou se hir Perséinlechkeet entwéckelen.

Als Gréng begrësse mir dës transversal Approche, wéi gesot, voll a ganz. An dofir fënnst dës Projet de loi eis voll ënnerstëtzt. An et ännert awer näischt un der struktureller Suerg, déi schonn am Joer 2018 op dëser Plaz vum enger ganzer Rei Deputéierten ausgedréckt ginn ass. An et war de Claude Adam, deen deemools fir eis déi kleng Fro gestallt huet, e bëssen iwwerspëtzt: Brauche mir esou eppes?

Den Hannergrond, léif Kolleeginnen a Kolleegen, war deen, datt et besonnesch um Niveau vun der Educatioun schonn eng ganz Rei ëffentlech Instanze gëtt, déi sech mat der Qualitéit beschäftegen: Ech schwätze vum SCRIPT, dee jo ganz aktiv an innovativ ënnerwee ass an ee vun den Hauptmotore vun der Qualitéitsentwécklung am Schoulsektor duerstellt, wéi et och op sengem Internetsite heescht. Ech schwätze vum LUCET, dem Luxembourg Centre for Educational Testing vun der Uni Lëtzebuerg, deen d'Épreuves standardiséies koordinéiert.

Donieft, an dat ass de Punkt, ass de LUCET och ganz aktiv am Beräich vun der Fuerschung, wou et ëm déi educativ Besoine vu Kanner mat ënnerschiddleche soziokulturellen a sproochlechen Hannergrënn geet, esou zum Beispill am ganz interessante Projet SIVA, dee kierzlech lancéiert ginn ass an dee mir natierlech och ënnerstëtzen.

Doriwwer eraus gëtt et dann awer nach aner Gremien, beispillsweis d'Agence pour le développement de la qualité scolaire a weider ministeriell Departementer an Divisiounen, déi sech alleguer mat der Integratioun, der Innovatioun, de pedagogesche Programmer an notament der Qualitéit beschäftegen. An da versteet

een natierlech d'Suerg, dass dat en Overkill vu Gremie gëtt, respektiv eng Iwwerbürokratiséierung.

A grad dofir, Dir Dammen an Dir Hären, ass et an eisen Aen extreem wichteg, datt déi verschidde Gremien net niewentenee funktionéieren, mee mateneen, an datt hei och Synergie geschafe ginn, also net just Synergien tëschent deenen zwee Observatoiren, mee Synergien am ganzen Netzwierk.

A gradesou wichteg, Här Minister, ass et fir eis, datt d'Missioune vun deenen engen an deenen anere kloer definéiert a kommuniquéiert ginn. Well nëmmen da geléngt et an eisen Aen, d'Acteuren um Terrain proaktiv mat an d'Boot ze kréien, se matschaffen ze loosseren an d'Vertrauen an déi vill Institutionen ze stäerken.

Wat dann d'Roll vum neien Observatoire an deem ganzen Netzwierk ugeet, sou muss déi an eisen Aen dora bestoen, d'Fuerschungsergëtt, d'Expérience um Terrain an d'Donnéen, déi zesummebruecht ginn, praxistauglech ze maachen. Wat heescht dat? Dat heescht, et ass um Observatoire, fir déi gesammelt Donnéeën esou opzebereeden, datt se gewënnbréngend am konkreten Alldag ukommen a genotzt kënnen ginn.

Doriwwer eraus muss en och déi wëssenschaftlech Basis liwweren, déi et erlaabt, de breet gefächerte Sektor vun der Educatioun-, Kanner- a Jugendpolitik vu Grond op ze iwwerdenken an un nei Entwécklungen unzepassen. Ech denken hei notament un d'Erzéiung zu der Nohaltegkeet an och un d'Erzéiung an der Natur als Klasseraum. Dat setzt viraus, datt den Observatoire kritesch an autonom muss schaffen kënnen. Dat huet och de Max Hengel virdu gesot. An datt e laut Gesetz natierlech ënnert der Tutelle vum Minister steet. Dat heescht net, dass en da vum Minister soll bevirmunt ginn. An ech mengen, dat ass och net d'Zil vun dësem Projet de loi.

Net manner wichteg ass dann awer och den Informatiounsaustausch, den Dialog an d'Matbestëmmung, bei deenen d'Kanner an déi Jonk net dierfe vergiess ginn. Dir denkt och un d'UN-Kannerrechtskonvention, wou deen Theema ganz wichteg gëtt. Ëmmer méi! An deem Sënn ass et an eisen Ae positiv, am Exposé des motifs vun dësem Projet de loi ze liesen, datt deen neien Observatoire e positivt Signal an déi Richtung setzt.

An et geet och net duer, reegelméisseg feststellen - domat widerhuelen ech d'Wieder vum Claude Meisch vun 2018 -, datt vill Kanner a Jonker vu Klengem un den Schloss verléieren an datt d'Bildungschancen ëmmer méi auserneeginn, well eise System et net fäerdegbréngt, sozial Ongläichheeten auszegläichen. Virun allem, wat Schüler mat ënnerschiddleche Sproochen a mat anere Migratiounshannergrënn ugeet. Mee net nëmmen. Et muss och méiglech sinn, den Hiewel konkret ëmzeleeën an do unzesetzen, wou e gebraucht gëtt.

Här President, ech kommen zum Schluss mat enger klenger Konklusioun: An enger Gesellschaft, déi, grad wéi d'Berufswelt, stänneg evoluéiert, sinn d'Erausforderungen an de leschte Jore jiddwerfalls net méi kleng ginn, mee méi grouss. An et stelle sech och ëmmer nei ...

*(Interruptions)*

... Erausforderungen un déi ganz Politik. Net zulescht och an der Pandemie.

An duerfir si mer iwwerzeegt, datt mat der Kreatioun vum neien Observatoire e Paradigmewiessel agelaut gëtt. Et ass keng Revolutioun. Et gi Kompetenz gebëndelt, Ressourcë gebëndelt, fir d'Erausforderungen vun der Zukunft besser ze packen an hoffentlech och ze meeschteren.

An deem Sënn ginn ech dann den Accord vun der grénger Fraktioun an entschëllege mech fir d'Iwwerläng vu menger Ried.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Lorsché. An als nächste Riedner steet den Här Fred Keup scho prett a kritt och direkt d'Wuert. Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, aus zwei macht eins: Aus dem nationalen Observatoire vun de Kanner an de Jugendlechen an dem nationalen Observatoire vun der Schoulqualität gëtt also elo den nationalen Observatoire vun de Kanner, de Jugendlechen an der Schoulqualität.

Mir begrëssen allgemeng emol, wann et manner esou Gremie gëtt. An duerfir fanne mer dat eng gutt Saach, wann déi zwou Saachen zesummegegess ginn. Dat ass fir eis ok.

Da gëtt et awer doniewent eng ganz Partie vu Kritiken, déi mer hei wäerte formuléieren. An ech kann Iech och scho verroden, dass mer eis duerfir wäerte bei dësem Projet enthalten.

Dergéint stëmmen mécht net vill Sënn, well déi zwee Gremie si jo do an hei geet et net ëm hiert Bestoen, mee hei geet et ëm d'Zesummeferierung.

Eng ganz Partie Froe stelle sech hei bei dësem Projet: Wat genee ass d'Qualité scolaire, d'Schoulqualität? Gëtt et net souwisou scho ganz vill Acteuren, déi déi moossen? Brauch een dofir iwwerhaupt nach esou e Gremium?

An déi Fro, déi schonn opgeworf ginn ass: Ass dee Gremium neutral, objektiv oder ass e politesch höreg, respektiv gëtt hei eventuell probéiert, politesch Entscheedungen duerch e Gremium virzebereeden oder ze legitiméieren?

*(Interruption)*

Dee gréisste Problem vun der Schoul, mengen ech, zënter elo enger Rei Joren - an dat gëtt vu ganz villen Acteuren gedeelt -, ass, dass den Niveau erofgeet. An dat am Liesen, Schreiwen, Rechnen, der Culture générale, de Sciencen, iwwerall.

*(Interruptions)*

Mir brauchen och do keen Observatoire, fir dat feststellen an ech weess emol net, ob deen dat mécht.

**Une voix** | Den Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Well dat wier jo och dann eng staark Kritik un der aktueller Schoulpolitik. Déi Leit, déi Staatsexamen verbesseren, d'Patronen, déi jonk Leit astellen, experimentéiert Professerinnen aus de Lycéeën: Si kënnen Iech dee Constat maachen an och beleen. An dat maache se och.

Dann hu mer säit Joren eng Zersplitterung vum Schoulsystem. Ëmmer méi nei, méi liicht Systemer gi geschaf, wéi zum Beispill déi ëffentlech europäesch Schoul zu Déifferdeng. Schoule gi geschaf, déi net dee selwechten Niveau hunn, an deenen et eis Dräisproochegkeet, déi ëmmer esou gelueft gëtt, och net méi gëtt. A mir si gespaant: Wann dee Verglach emol gemaach gëtt zwëschen dem Niveau vun enger Première aus dem klassichesche Lycée mat engem Ofschloss aus der europäescher Schoul zu Déifferdeng, dann och wannechgelift an deene Sproochen.

Et kéint een nach vill soen iwwert déi ëmmer méi héich Komplexitéit vun den Zensuren, déi kee méi versteet, iwwert d'Bürokratiséierung, iwwert d'Roll an d'Autonomie an d'Autoritéit an d'Kompetenz vum



Léierpersonal, déi ëmmer méi a Fro gestallt ginn. Dëst sinn alles Aspekter, déi den Observatorium ...

*(Signal sonore d'un portable)*

... eigentlech misst feststellen. Ech weess awer net, ob deen dat mécht. An ech weess och net, ob dat gewollt ass.

Kann een och soen, dass den Observatorium do neutral ass, wann ee consideréiert, dass déi Leit jo awer erausgesicht ginn an et jo och virgi gëtt, ëm wéi eng Theemefelder se sech solle këmmere?

Eigentlech ass dat heiten e bëssen erëm en allgemengt Beispill vun der Strategie, déi dës Regierung bravou- réis meeschert: Gremie gi geschaf, déi den Ueschäi ginn no baussen, neutral ze sinn an am Endeffekt just dozou dëngen, fir d'Regierungspolitik ze legitiméieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech lauschten do léiwer de Gewerkschaften no. Déi sinn objektiv, kritesch a kompetent ...

*(Interruptions)*

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | ... an huelen d'Politik vum Minister op de Leescht a weisen eis reegelméisseg, preuve à l'appui, wou d'Problemer leien. Dat muss dësen Observatoire emol nach beweisen.

Da stelle sech nach zwou net onweesentlech Froen zur Zesummesetzung vun dësem Gremium. Déi éischt Saach, dat ass och schonn eppes, wat kritiséiert ginn ass vun der Staatsbeamtekummer. An déi kritiséieren, dass hei virgesinn ass, dass Leit kënnen Member ginn an deem Gremium, déi net Staatsbeamten oder Staatsugestallte sinn, mee aus dem Privatberäich kommen. Mir schlëssen eis där Kritik un.

An dann - an dat ass erëm eng Kéier ganz interessant - fanne mer hei d'Quoten erëm: « Le nombre d'observateurs du sexe sous-représenté ne peut être inférieur à cinq. » Mee ass et wierklech wichteg, ob eng Persoun vun deem Observatoire männlech oder weiblech ass? Ass dat de Kritär?

*(Brouhaha)*

Mir sinn der Meenung, dass d'Kompetenz soll zielen an net d'Geschlecht.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Wa mer en Observatoire hu mat lauter gudde Fraen, tant mieux! Wa mer en Observatoire hu mat lauter gudde Männer, och gutt! Et soll jo ëm d'Kompetenz goen an net ...

*(Brouhaha)*

... ëm de Punkt, ob een als Mann oder Fra ...

*(Brouhaha)*

... gebuer ginn ass.

**M. Sven Clement** (Piraten) | A, Dir akzeptéiert also och Transgender?

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Fred Keup** (ADR) | A wa mer schonn ... Nee, wa mer schonn derbäi sinn, da stellt sech nach eng aner Fro, an zwar e Widdersproch: Während mer hei nämlech drop pochen, dass mer da quasi d'Hallschent vun de Leit Fraen a Männer hunn - dat kann ee jo och da gutt fannen, wéi Dir dat maacht, ok -, mee firwat gëtt dat dann net an anere Saache gemaach? An da froen ech mech zum Beispill ... Wann een d'Léierpersonal kuckt, do schwätzt jo awer keen dervun. Also, dass mer eis gutt verstinn: Mir si géint Quote beim Léierpersonal! Mee wann Der an Ärer Saach logesch wiert, da géift Der se jo och do aféieren.

Zum Schluss, Här President, wëll ech nach betounen: Mir hei an der Chamber, a mir och als Partei, als ADR, mir sinn och en Observatoire a mir kucken och ganz genee, wat an der Schoul geschitt. An Dausende Proffen, Schoulmeeschteren, Jofferen, déi kennen et, déi hunn d'Erfahrung an déi sinn och en Observatoire an hir Gewerkschaften, déi sinn och en Observatoire an déi wëssen, wat um Terrain geschitt an déi kënnen Iech soen, wat do lass ass. An déi kënnen Iech ..., an déi maachen Iech och eng ganz gutt Analys vun deem, wat geschitt, a vun deem, wat geschitt ass. A soll ech Iech soen, wéi dat ausgesäit? Do kënnt d'Schoulpolitik vun de leschten zwielef Joer ganz, ganz, ganz schlecht ewech. A besonnesch all déi vill Reformen, déi gemaach gi sinn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Keup.

*(Interruptions)*

An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo. Merci, Här President. Här President, de 7. Februar 2018 haten déi Lénk géint de Gesetzesprojet vum Observatoire national de la qualité scolaire gestëmmt. Deemools hu mir fonnt, datt de Bildungsminister géif iwwerdreife mat senger sëllegen Institutionen, Instanze ronderëm d'Schoul an den Unterrecht. All dës Institutionen, Instanzen - d'Madamm Lorsché huet der schonn eng ganz Rei genannt - befaasse sech mat der Qualité scolaire, ob et elo ass, fir se ze definéieren, ze evaluéieren, ze verbesseren oder einfach emol ze errechen.

Här President, all dës Institutionen niere ganz grouss Erwaardungen, wat d'Bekämpfung vun de schouleschen Ongläichheeten an d'Innovation vum Unterrecht ugeet. Dës Erwaardungen deele mir och. An all dësen Institutionen feelt et net u gutt gebiltem Personal, dat seng Aarbecht korrekt mécht, interessant Piste fir eng qualitativ schoulesch Bildung ausschafft, déi den Erausforderungen, déi sech an Zukunft stellen, gerecht ka ginn. Domat hu mir absolutt kee Problem. Mir gesinn déi Zesummenaarbecht tëschent wëssenschaftlecher Recherche a Politik ëmmer positiv.

Här President, mat der Zäit, also no scho bal zwou Legislaturperioden, an deenen dës sëllegen Institutionen konnte Resultater virweisen, froe mir eis awer ëmmer méi, ob dann déi Iddien, Etüden, Evaluatiounen a Pisten, déi an dësen Institutionen an Organer opgeschafft ginn, och an enger konkreter Form a Moyenen ëmgewandelt ginn, déi dem Enseignant direkt kënnen weiderhëlfen a beim Schüler ukommen.

Well effektiv: Hunn d'Schüler da schonn déi positiv Effekter vun der Aarbecht vum Observatoire de la qualité scolaire direkt erlieft? Dem Bildungsbericht no net. Wéi een Enseignant konnt da wierklech um Terrain eppes mat deem ufänken, wat am Observatoire de la qualité scolaire ausgeschafft gëtt? Wéi eng vun deene Recommandatiounen, déi den Observatoire un de Minister weidergëtt, sinn iwwerhaupt ëmgesat ginn? Wéi eng Recommandatiounen goufen dann a politesch Mesur verschafft a wat hu se bruecht?

*(Brouhaha)*

Här President, éier mer elo higin an dem Observatoire seng Kompetenzen erweideren, onofhängeg dovunner, datt d'Situatioun vun der Jugend hei am

Land duerchaus muss a Betruecht geholl a virun allem verbessert ginn, géife mir awer mol ganz gäre gewuer ginn, wat dat Ganzt bis elo bruecht huet. E Bilan ze zéie vum Impakt vun der Aarbecht vum Observatoire de la qualité scolaire op d'Qualité scolaire, souzesoen, wier duerchaus néideg, fir ze wëssen, wéi et Sënn mécht, virunzeschaffen.

Här President, mir als déi Lénk kënnen dëse Projet schlecht matdroen, soulaang mir, faute de preuve du contraire, d'Gefill hunn, datt all weidert Organ, dat de Minister an d'Liewe rëfft, fir d'Bildungskompetenzen hei am Land ze stäerken, op Dauer näischt un de multiple Problemer ännert, mat deenen d'Enseignanten, d'Schüler an hir Elteren alldeelech ze kämpfen hunn.

Mee vu datt déi zwee Observatoire jo scho bestinn an zesummegegheue ginn, mécht dat jo net vill Sënn, dergéint ze sinn. Dofir enthalte mir eis awer op dëser Plaz.

Merci fir d'Nolauschten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut hu mer dann héieren, datt d'Gewerkschaften objektiv wieren. An dat aus deem selwechte Mond, deen d'leschte Kéier nach gesot huet, der Press ënnerstallt huet, engem Presseorgan ënnerstallt huet, et wär net objektiv, well et enger Gewerkschaft géif gehéieren.

*(Hilarité)*

Bon, bref, haut hu mer dann héieren, d'Gewerkschaften wäeren objektiv. Forcement mussen dann och d'Presseorganer, déi d'Gewerkschaften als Aktionär hunn, objektiv sinn. Oder et huet ee sech do awer e bësse geiert oder vertuddelt. Ech weess et net. Op alle Fall ...

*(Brouhaha)*

... ass et e Constat, deen een haut huet musse maachen.

*(Interruptions)*

An nee, Här President, ech hu keen Numm gesot. Just fir direkt dorobber anzegoen.

*(Hilarité)*

Eng qualitativ héichwärtig Kanner- a Jugendbetreuung an och eng kontinuierlech Evaluatioun vun der Qualitéit vum Schoulservice si wichteg Bausteng fir eng fondéiert Kanner-, Jugend- an, jo, och Bildungspolitik.

D'Zil ass, déi zwee national Observatoire aus dem Beräich vun der Educatioun an de Kanner an der Jugend elo ze fusionéieren, ...

*(Brouhaha)*

... fir esou de besseren Austausch tëscht den Theemefelder ze garantéieren. Dat fënnt eis ënnerstëtzt. Wéi vill déi Concernéiert duerno awer tatsächlech an der Realitéit zesummeschaffe wäerten, dat bleift nach ofzawaarden.

Esou wéi de Gesetzestext opgebaut ass, kéint de Volet Kanner a Jugend och weiderhin onofhängeg vum Volet vun der Schoul schaffen, wat natierlech bedauerlech wär an net am Interêt vun deem, wat mer hei am Gesetz wëlle maachen.

Dofir hoffe mer, datt deen Austausch - a mir sinn eis u sech sécher, datt dat och geschéie wäert - wäert gesicht ginn, och wann d'Gesetz en net explizitt virschreift.



Sou sti mer dem Projet dann och insgesamt positiv géintwuer, well et sech an eisen Aen em eng Verbesserung par rapport zu der aktueller Situation handelt.

Et gött awer och nach e puer oppe Froe respektiv Punkten, déi ee muss a Fro stellen. Do ass dann zum Beispill d'Fro vun der tatsächlecher Onofhängegkeet vum Observatoire vu sengem Ministère de tutelle. Den Observatoire dierf selwer entscheiden, wéi eng Methoden en uwende wëll an ass och fräi, seng Beobachtungen a Recommandatiounen ze formuléieren, mee et ass de Ministère, deen d'Prioritéit festleet. D'Muecht, déi domat verbonnen ass, ze bestëmmen, wat analyséiert gött oder eeben och grad, wat net analyséiert gött, ass net ze ënnerschätzen!

Andeems een de Fokus bewosst op deen ee Punkt lenkt a genesou bewosst op en aneren net, kann een eng Selektioun maachen. Eng Selektioun, déi eventuell derzou bäidroen kéint, Mësstänn bewosst onentdeckt an domat och onkommentéiert ze loosse.

An ech wëll hei absolutt keng Ënnerstellung maachen, datt dat aktuell géif geschéien. Ech wëll just drop opmierksam maachen, datt dat virleidend Gesetz keng Protektioun virun dësem Problem bitt. An dat ass awer bedauerlech, well et hätt een et kënne matabauen.

Och bedauerlech ass, datt et, wéi d'CSL richtig ugemierkt huet, keng verpflichtend Kooperatioun tëscht der Uni Lëtzebuerg an dem Observatoire am Gesetz gött. Grad wat d'Evaluatioun vu wëssenschaftleche Standarden ugeet, kéint eng Zesummenaarbecht mat enger Uni dach sécher Virdeeler hunn. Mee bon. Firwat sollte mir besser si wéi verschidde franséisch Unien?

Natierlech hunn d'Observateuren och selwer eng ganz Rei Kompetenzen, wat d'wëssenschaftlech Aarbecht ugeet. Mee wann eis d'Aktualitéit rezent eppes gewisen huet, da jo wuel, datt et heiansdo besser ass, wa méi Leit en An op eng wëssenschaftlech Aarbecht werfen, wéi manner.

Souwuel um Niveau vun der Onofhängegkeet wéi och bei der Iddi vun enger eventueller Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg sollt een an eisen Aen an Zukunft also nach eng Kéier eng Schëpp bäileen.

Trotz deen opstoende Punkte wäert de virleierenden Text awer déi aktuell Situatioun verbessern an dofir wäerte mir deem Gesetz net am Wee stoen an et matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsminister Claude Meisch. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischte e grouse Merci un de Rapporteur, de Claude Lamberty, deen eis an den Detail, awer och nach eng Kéier an den Historique vun deenen zwee Observatoiren, déi mer hei beieneeleën, agefouert huet, soudatt ech dorobber eigentlech net méi brauch anzegoen.

Ech wëll och Merci soe fir déi breet Zoustëmmung hei vun der Chamber fir d'Zesummeleë vun deenen zwee Observatoiren. Ech mengen, dat ass eng Zoustëmmung, déi nach eng Kéier méi wäit a méi breet ass ewéi elo just hei prezis, fir d'Observatoiren zesummenzeféieren. Mee et ass eigentlech nach eng Kéier e Commitment, och vun der Chamber, fir déi Approche,

déi mer hunn, déi konzentréiert Approche, déi transversal Approche, déi interdisziplinär Approche, fir Bildungspolitik eebe ganzheetlech ze gesinn a wuel ze wëssen, datt mer e formale Beräich hunn, also déi klassesch Schoul, sou wéi mer se kennen, an en non-formale Beräich, déi och allen zwee hir Approch brauchen an déi mer net däre verwässere a vermëschen an déi mer auserne mussen halen, mee datt et ronderëm awer eng gesamt Konzeptioun muss ginn, wou mer dann och kucken, datt déi beim Kand als gesamt Approche dann och wirklech ukënn.

Dat ass déi Politik, déi mer probéieren, zanter 2013 ëmzesetzen. An ech si frou, datt mer hei nach eng Kéier méi ewéi e symbolesche Schrëtt kënne maachen an der Fusioun vun deenen zwee Observatoiren, dem Observatoire de la qualité scolaire op där enger Säit an dem Observatoire de l'Enfance et de la Jeunesse op där anerer Säit, zu engem Observatoire, dee wuel nach ëmmer och innerhalb vu sengem Observatoire getrennte Missiounen a getrennte Strukturen huet, well et eeben net zur Verwässerung vun de Konzeptiounen soll kommen, mee op där anerer Säit awer e gesamte Bléck op d'Kand, op d'Strukture an op déi Bildungsoffer muss werfen, déi mer hunn. An dat, denken ech, ass hei nach eng Kéier e ganz, ganz grouse Fortschrëtt.

Ech denken, déi Kritikpunkten, déi 2018 hei geäussert goufen, si jo zum Deel nach eng Kéier rappelléiert ginn. Ech denken, datt mer haut gesinn, datt mer eng Rei vu Strukture brauchen. Mir hunn eis am Laf vun deene leschte Joren, virun allem an der leschter Legislaturperiod, eng Rei vu Strukture ginn, déi e Bléck vu baussen op de Bildungssystem, de Bildungssektor werfen. An et ass hei vun der Madamm Cecchetti gefrot ginn, wat den Observatoire de la qualité scolaire bis elo scho konkret bruecht huet.

Ech géif Iech invitéieren, wann Der déi nächst Woch e bësse besser Zäit hätt wéi déi leschte Wochen, de Rapport vum Observatoire de la qualité scolaire iwwer d'Kompetenze vum 21. Joerhonnert ze liesen. Vergläicht dat och nach eng Kéier mat där Politik, déi mer amgaange sinn ze maachen, zum Beispill, wann et em d'Förderung vun der Kreativitéit iwwer en allgemeng zougängleche Museksunterrecht geet, zum Beispill, wann et iwwer Ustrengunge geet, fir d'Digitaliséierung an de Schoule weiderzedreiwen, digital Kompetenzen ze vermëttelen op där enger Säit an awer och dat digitaalt Outil ze nutzen op där anerer Säit, fir besser kennen ze léieren. Kuckt emol eng Kéier, wéi vill Participatiounsprojete mer hunn, wou Jonker encouragéiert ginn deelzehuelen, sech eng Meenung ze maachen, déi ze soen an och selwer fir sech kennen Decisiounen ze huelen. Kuckt emol nach eng Kéier, wéi mer se doranner ënnerstëtzen, och hir Meenung kennen no baussen ze artikuléieren, och wirklech Kommunikatiounskompetenzen ze entwëckelen.

Alles dat sinn déi Kompetenze vum 21. Joerhonnert, déi och an deem Rapport opgeléicht goufen a wou mer invitéiert goufen, déi ze fërderen. Duerfir, mengen ech, ass et dach awer net ganz sachdienlech, hei einfach ze soen, dat doten, dat kéim net bei de Kanner un. Jo, dee Rapport, en ass nach net ganz al, mee viles vun deem ass mëttlerweil scho bei de Kanner ukomm. An dat weist eis, datt mer och Strukture wéi déi dote brauchen, déi mat enger gewëssener Distanz, déi wuel awer och net ze grouss ass, op eis Bildungsstrukturen, ob déi aus dem formalen oder dem non-formale Beräich sinn, solle kucken.

An hei gesi mer nach eng Kéier, datt et och déi richtig Mëschung tëschent wëssenschaftlechen Acteuren muss sinn, déi och jo mol selwer eng Nominatioun am Observatoire kënne kréien oder mat deenen den

Observatoire och absolutt kann zesummeschaffen. Dat kann d'Uni.lu sinn, dat kennen awer och aner Universitëten an Héichschoule sinn, wa se an engem Domän spezialiséiert sinn. Do solle mer eis net ze schued sinn, iwwer d'Landesgrenzen eraus, emol eng Kéier Ressourcë materunzezéien. Mee awer och a Kombinatioun mat Praktiker vum Terrain, och mat Leit, déi iwwer Joren, heiansdo joerzéngtelaang an eise Bildungssystem Verantwortung gedroen hunn.

An déi Kombinatioun, denken ech, kann hei ganz besonnesch gewënnbréngend sinn. Well d'Josée Lorsché huet et gesot: Et mussen herno eigentlech och fäerdeg Konzepter proposéiert ginn, déi déi Bildungsoffer och ganz konkret kënne verbessern.

A mer därefen net stoe bleiwe beim wëssenschaftleche Constat. Mer mussen dat op där anerer Säit och iwwersetzen a Formullen, déi och kënne konkret um Terrain genotzt ginn an an d'Praxis ëngesat ginn.

Da mengen ech, nach eng Kéier, brauche mer déi dote Struktur, den Observatoire, deen dann haut geschafe gött. Den Observatoire national de l'Enfance, de la Jeunesse et de la qualité scolaire. Mee ech mengen, mer brauchen och déi aner, déi mer 2018 a virdru geschafen hunn. Ech denken hei nëmmen un de Mediateur, zum Beispill, dee jo d'Hänn voll ze dinn huet, deen hei op dëser Plaz, an dësem Haus grad esou kritiséiert gouf, wou gemengt ginn ass, en hätt eigentlech keng Aufgab méi, well aner Strukturen dat dote schon alles géife maachen. Ech kann Iech soen, datt d'Erfahrung eng ganz aner ass. An ech kann Iech soen, datt déi Detailaarbecht, déi Fläissaarbecht, déi do gelescht gött, och derzou bäidréit, datt mer op där anerer Säit mat grad esou enger Fläissaarbecht och kënne kucken, datt eis Bildungssystemer besser ginn, datt mer op eenzel Lacune kennen agoen, och eenzel Ongerechtegkeeten ëmmer nees kennen detektéieren, opschaffen a se dann och, wa se systematesch sinn, mat politeschen Interventiounen duerno kennen ofstellen.

Duerfir mengen ech, si mer hei um richtege Wee, fir net nëmme Strukture wéi déi doten ze schafen, mee haut awer och, nach eng Kéier am Sënn vun enger holistescher Vue op d'Kand, enger kandgerechter a konzentréierter Vue vun eiser gesamter Politik, déi zwee Observatoiren zesummenzeleën, fir domadder nach eng Kéier eng besser Guidance vun de Politicken an den nächste Joren ze kréien.

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Educationsminister Claude Meisch.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Ier mer zum Vott kommen, wollt ech Iech drun erënneren, datt ee sech fir d'éischt op sengem Posten alogge muss, fir kënne matofzestëmmen.

(Brouhaha)

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 7893. Den Text steet am Document parlementaire 7893<sup>4</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7893 et dispense du second vote constitutionnel**

(Brouhaha)

D'Ofstëmmung fänt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss. An de Projet de loi ass mat 51 Jo-Stëmmen bei 5 Abstentiounen ugehall.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7893 est adopté par 51 voix pour et 6 abstentions.*



Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### 4. 7774 - Projet de loi portant modification de :

1<sup>o</sup> la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif ;

2<sup>o</sup> la loi modifiée du 17 avril 2018 relative aux documents d'informations clés relatifs aux produits d'investissement packagés de détail et fondés sur l'assurance ;

3<sup>o</sup> la loi du 16 juillet 2019 portant mise en œuvre des règlements EuVECA, EuSEF, MMF, ELTIF et Titrisation STS ;

en vue de la transposition de la directive (UE) 2021/2261 du Parlement européen et du Conseil du 15 décembre 2021 modifiant la directive 2009/65/CE en ce qui concerne l'utilisation de documents d'informations clés par les sociétés de gestion d'organismes de placement collectif en valeurs mobilières (OPCVM), et de la mise en œuvre :

1<sup>o</sup> du règlement (UE) 2019/1238 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 relatif à un produit paneuropéen d'épargne-retraite individuelle (PEPP) ;

2<sup>o</sup> du règlement (UE) 2019/2088 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 sur la publication d'informations en matière de durabilité dans le secteur des services financiers ;

3<sup>o</sup> du règlement (UE) 2020/852 du Parlement européen et du Conseil du 18 juin 2020 sur l'établissement d'un cadre visant à favoriser les investissements durables et modifiant le règlement (UE) 2019/2088 ;

4<sup>o</sup> du règlement (UE) 2021/557 du Parlement européen et du Conseil du 31 mars 2021 modifiant le règlement (UE) 2017/2402 créant un cadre général pour la titrisation ainsi qu'un cadre spécifique pour les titrisations simples, transparentes et standardisées, afin de favoriser la reprise après la crise liée à la Covid-19 ;

#### 5<sup>o</sup> du règlement (UE) 2021/2259 du Parlement européen et du Conseil du 15 décembre 2021 modifiant le règlement (UE) n° 1286/2014 en vue de proroger le régime transitoire appliqué aux sociétés de gestion, aux sociétés d'investissement et aux personnes qui fournissent des conseils au sujet des parts d'organismes de placement collectif en valeurs mobilières (OPCVM) et d'OPCVM non coordonnés ou qui vendent ces parts

Deen nächste Punkt um Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 7774, eng Rei Direktiven am Beräich vun den Investmentfongen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här André Bauler.

(Brouhaha)

Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. André Bauler (DP), rapporteur | Voilà. Här President, léif alleguer, de Gesetzesprojet 7774, dee mer haut hei virstellen, deen huet zwee grouss Voleten. Et geet éischters ëm en Zousazpensiounsprodukt. Zu Lëtzebuerg gëtt et en neit europäesch Zousazpensiounsprodukt, dat ageféiert gëtt. Zweetens geet et ëm eng Rei Ännerungen, déi virgeholl ginn, wat d'Informatiounen ugeet, déi e Client zu verschiddene Produite kréie muss.

Als Alleréischts wëll ech mech also mam neien europäeschen Zousazpensiounsproduit ofginn. Mat deem wëll ech ufänken. Et geet hei ëm eng zousätzlech Form vu Pensiounsproduiten, de sougenannte paneuropäesche perséinleche Pensiounsproduit, oder kuerz genannt: de PEPP.

Fir d'Alleréischts wëll ech dës Neierung an hire respektive Kontext stellen. Mat der Industrialisatioun gouf de Modell vun der Prévoyance vieillisse Schrëtt fir Schrëtt institutionaliséiert. Hautdesdaags huet een de Choix tëschent enger ganzer Panoplie u Produiten, och a grad wat d'Pensiounen ugeet. Et ënnerscheet een tëscht dräi Zorte vu Pensiounen, Dir wësst dat: Et ass éischters déi obligatoresch, also gesetzlech Versécherung, zweetens dann déi zousätzlech betrieblech Pensiounsregimier iwwert de Wee vum Employeur an dann drëtens déi privat Pensiounsproduiten, op eegen Initiativ also.

Et geet an dësem Gesetzesprojet ëm déi lescht Form, also déi privat Pensiounsproduiten. Dat ass also de Fall, wann ee fräiwëlleg entscheet, fir iwwer esou e Produit Suen op d'Säit ze setzen, Suen ze spueren, fir se dann erëm kënnen ausbezuelt ze kréien, wann een ophält mat schaffen.

D'Virdeeler vun engem private Pensiounsproduit sinn, datt een zum Beispill de Choix huet, wat de Risiko vun de Placements ugeet, wat de Montant vun de Cotisatiounen soll sinn, etc.

Dir wësst och alleguer, datt d'Prévoyance-vieillesse zu Lëtzebuerg steierlech begëschtegt gëtt. De Staat encouragéiert d'Bierger also, aktiv an hir Zukunft ze investéieren, fir sech zousätzlech ofzesécheren, wat et de Leit natierlech erlaabt, hire gewinnste Liewensstil och am Alter an engem gewëssene Sënn oder an engem gewëssene Mooss weiderzeféieren.

Mam neie PEPP-Produit bleiwe mir an der Kontinuitéit, well de PEPP der selwechter Besteierungslogik ënnerläit wéi eis national Zousazpensiounsprodukt. D'PEPP-Reglement gesäit effektiv keng steierlech Reegelunge vir. D'Europäesch Kommissioun huet awer d'Memberstaaten invitéiert, fir d'Instrument vum PEPP

d'selwecht wéi bestoend Pensiounsproduiten ze behandelen. Mir sinn dëser Demande natierlech nokomm.

Elo wëll ech awer nach méi an den Detail goen, fir de PEPP ze presentéieren.

Déi nei paneuropäesch Pensiounsproduite gi vu Kreditinstituter, Versécherunge souwéi bestëmmten Investmententreprisen a Gestionnaire vu Fonge verkaf. D'PEPP-Reglement gesäit ënner anerem gewëssen Elementer oder Prezisiounen am Interessi vum Client vir.

Dat wieren dann emol déi néideg Informatiounen, déi noutwendeg Informatiounen, déi de Client kréie muss, déi obligatoresch Berodung, déi e Client kritt, d'Optiounen, déi de Client huet fir ze investéieren. All Fournisseur ka verschidden Optiounen ubidden. Dovunner muss et eng Basisoptioun ginn, déi de Client schützt a wou d'Käschten net iwwer 1 % vum järelech gesammelte Kapital dierfe klammen.

Da gesäit d'Reglement Konditiounen vir, fir d'Investmentsoptiounen ze wiesselen. Dat kann de Client fréistens no fënnf Joer maachen.

Weider hält d'Reglement d'Bedéngungen zu der Portabilitéit fest. Also: Wat geschitt, wann de Client an en anert Land plënnert?

Zu gudder Lescht gesäit et och vir, wéi d'Suen zum Schluss un de Client ausbezuelt ginn, zum Beispill als Rent oder an engem Kéier.

Léif alleguer, dësen neie paneuropäesche Pensiounsproduit ass eng zousätzlech Etapp, déi d'Unioen vun de Kapitalmäert an den europäesche Bannemaart, de sougenannte Marché unique also, ausbaut. Sou kënnen eis Versécherungsgesellschaften nach méi einfach un auslännesch Clienten verkafen. D'Leit profitéieren dovunner, datt hire Pensiounsregimier portabel ass an en also ka weidergeféiert ginn, och wann een an en anert Land plënnert.

De paneuropäesche Pensiounsproduit ass en Instrument, fir de Leit méi Choix ze ginn. E stäerkt dann och de Konsumenteschutz duerch uniform a streng Reegelen.

Esou vill zum PEPP.

Elo zum zweete Volet vun dësem Gesetzesprojet. Hei geet et jo ëm d'Informatiounen, déi e Client am Kader vum Verkauf vu verschiddene Finanzproduite kréie muss. Dofir muss mer eng Rei europäesch Reglementer ëmsetzen.

Éischters: Dat sougenanntent „Disclosure-Reglement“, Reglement 2019/2088. Dat schaaft d'Basis fir harmoniséiert Reegelen, wat d'Transparenz am ganze Finanzsektor ugeet. Dës Reegelen schreiwe vir, datt d'Finanzakteuren Informatiounen iwwer hir respektiv Produkter verëffentleche mussen. Gläichzäiteg mussen si och uginn, ob a wéi an d'Nohaltegkeet investéiert gëtt.

Zweetens: D'Taxonomie-Reglement, d'Reglement 2020/852, dat fixéiert Émweltkrittären. Bis elo ginn hei just déi grouss Linne festgehalen. An dësem Text geet et net ëm d'Atomkraaft. Dir wësst, datt Lëtzebuerg sech dofir asetzt, datt den Nucleaire net an d'Taxonomie opgeholl gëtt. D'Émweltkrittären, awer och déi sozial Krittären an, net ze vergiessen, d'Gouvernance-Krittären ginn also nach weiderhin ausgeschafft.

Et sief och gesot, datt d'Commission de surveillance du secteur financier, d'CSSF, respektiv de Commissariat aux Assurances designéiert ginn, fir d'Anhale vun de Reglementer respektéieren ze dinn, also vum PEPP, vum Disclosure a vum Taxonomie-Reglement. Dofir kréie si déi néideg Kontroll an



d'Enquête-Pouvoirs à kennen dann och Sanktioune souwéi aner Mesuren ausschätzen.

Dréttens: Wat d'Reglement 2021/557 ugeet, dat geholl gouf, fir d'Relance am Kader vun der Covid-19-Pandemie ze ënnerstëtzen, do musse mir just eng spezifesch Dispositioun zu den administrative Sanktiounen ëmsetzen.

Schlussendlech gëtt mat dësem Gesetzesprojet och eng Direktiv zu den UCITS-Fongen ëmgësat. Hei geet et konkret ëm d'Informatiounen, déi am Kader vum Verkauf vun UCITS-Fonge virgeluecht musse ginn. Den Dispositiv ass esou formuléiert, dass een Informationsblatt pro Produit duergeet, fir eeben en double Emploi an dëser Matière ze vermeiden.

Elo nach ganz kuerz zu den Avisen.

De Staatsrot huet keng gréisser Remarken zum Inhalt vum Gesetzesprojet gemaach. Et gouf also keng formell Oppositioun. Mir hunn e klengen Amendement gemaach, fir enger Remark vum Staatsrot nozekommen.

D'Chambre de Commerce huet hirersäits keng Observatioun gemaach a gëtt hiren Accord zu dësem Gesetzesprojet.

Fir d'Detailer verweisen ech op déi respektiv Avisa souwéi op mäi schrëftleche Rapport.

Mir hunn also hei eng Panoplie un Ännerungen, déi virun allem de Konsument schützen, sief et am Kader vun engem Pensionsproduit oder am Kader vun aneren Investissementen.

D'DP-Fraktioun gëtt dann och op dëser Plaz hiren Accord zu dësem wichtege, wann och wéi ëmmer liicht techneschen, Gesetzesprojet. Ech soen der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes an hire fläisseg an ëmmer zuverlässig Beamten, souwéi awer och mengem Attaché Merci fir déi gutt Zusammenarbeit an dësem Kontext, bei dësem Projet, an natierlech och de Kolleeginnen a Kolleegen aus der Finanzkommissioun.

Voilà. Dat war et, Här President. An da ginn ech mech elo setzen.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools ...**

*(Hilarité)*

... dem Här Rapporteur André Bauler.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

*(Brouhaha)*

### Discussion générale

**M. Laurent Mosar (CSV) | Merci, Här President.** Ech waarden dann, bis den Här Rapporteur sëtzt, ier ech ufänken, well ech wëllt direkt mat engem Merci un de Rapporteur ufänken, deem dat a senger gewinnterer Form gemaach huet, ëmmer mat ganz vill Kompetenz, an et awer an einfachen a klere Wierder duergeluecht huet. Duerfir him e grouse Merci. En ass de Mëtten net fir d'éischt drun an ech mengen, mir hunn nach deem een oder aneren Optrëtt, op dee mer eis da freeën.

Ech ginn och direkt hei, Madamm Finanzministesch, den Accord vu menger Fraktioun.

Ech wëll och elo net weider an den Detail vum Projet agoen, allerdéngs op ee Volet, deem dësen awer och aner Projekte betrëfft, déi mer schonn an de leschte Woche behandelt hunn an déi mer och nach haut de Mëtten an och warscheinlech an deenen nächste Wochen eng Kéier hei wäerte behandelen an déi fir eis Fraktioun extrem wichtege sinn.

Do geet et nämlech ëm déi zousätzlech Kompetenzen, déi eise Regulateur, d'CSSF, an dësem Gesetz wéi par ailleurs och an anere kritt. Dat ass natierlech eppes, wat mir begrëissen. A mir gesinn och, dass eis CSSF exzellent opgestallt ass, fir all déi aktuell Kompetenzen an awer och déi zousätzlech, déi se nach wäert kréien, wierklech gutt kennen ze erfëllen, och am Interessi vun der Finanzplaz.

Ech wollt awer profitéieren, Madamm Finanzministesch - well et, mengen ech, déi éischte Kéier ass, dass Der de Mëtten hei sidd -, fir och iwwert déi Projeten ze schwätzen, nach eng Kéier op e Punkt zréckzekommen, deem ech schonn ëmmer Ärem Virgänger, dem Här Gramegna, un d'Häerz geluecht hunn, deem eigentlech och ëmmer domadder d'accord war. Wéi gesot wëll ech dat de Mëtten nach eng Kéier widderhuelen. Dat ass déi Problematik, déi mer hunn um Niveau vun der CSSF, dass mer a sech eng Institutioun hunn, déi selwer fir d'Autorisationen zoustänneg ass, och d'Instruktiounen vun den Autorisationen mécht, déi natierlech och d'Surveillance vum Secteur mécht, déi do och Enquête virhëlt, wa Verfeelunge virleien an, an do kënnt dann de sprangende Punkt, déi dann och selwer d'Sanktiounen virhëlt. Dat ass juristesche e relativ sensibele Sujet. Dat ass och scho méi oft vum Staatsrot, dass ass och scho vun aneren Institutionen ëmmer erëm kritiséiert ginn. An do muss ee ganz gutt oppassen, well ech net weess, wann et eng Kéier e Recours géif ginn, dee bei de Mënscherechtsgerichtshaff op Stroossbuerg géif goen, ob mer dat do géife packen. Well hei stelle sech wierklech ganz seriö Froen, och wat d'Séparation des pouvoirs betrëfft.

Duerfir war mir schonn e puermol, och vum Här Gramegna, versprach ginn, dass do géif e Projet op den Instanzeweie kommen, fir dass mer eng Kéier wierklech an där Thematik do géife virukommen. Dat heescht elo net, dass ee misst nient d'CSSF nach eng nei Institutioun setzen, mee ech mengen, et misst een einfach kucken, am Kader vun der CSSF eventuell e separat Departement ze maachen, dass da wierklech fir d'Poursuite an d'Sanktiounen vu Verfeelunge géint eis divers Finanzgesetzter zoustänneg wär.

Et wär also de Mëtten hei nach eng Kéier en Appell, Madamm Finanzministesch, dass mer wierklech kucken, do virunzekommen. Ech mengen, et géif och eiser Finanzplaz gutt doen, wa mer do eng strikt Separatioun géife kréien.

Dann en zweeten, ganz kuerze Punkt, op deem ech och nach eng Kéier wëllt agoen: Dat ass, dass mer hei jo och elo erëm der CSSF eng ganz Lëscht u zousätzlech Sanktiounen wäerte ginn. Dat ass och vum sech an der Rei. Ech deelen awer do d'Analys vum Staatsrot. An ech hunn och gesinn, den Här Rapporteur huet sech och intensiv mat deem wichtege Punkt do beschäftegt. Et feelt am Moment an där ganzer Sanktiounslëscht vun der CSSF ganz einfach u Kohärenz. Déi Kohärenz ass net méi ginn. Dat féiert och zu Problemer.

Et kënnt en plus elo derbäi, dass mer hei jo och erëm eng Publikatioun maache vun de Sanktiounen. A mir hate viru Kuerzem op enger anerer Plaz och erëm doriwwer geschwat. Mir hu wuel Recours géint Amendes, déi vun der CSSF getraff ginn. D'Fro ass awer, dass hei zum Beispill elo eng Publikatioun virgesinn ass, ier et iwwerhaupt zu enger Amende kënnt.

An do free mir eis, ob e Recours géint esou eng Publikatioun méiglech ass. Et ass net expressement am Moment am Text virgesinn. Et mengen awer, dass dat och wichtege wier, dass, wann iergendwéi en Etablissement oder eng Institutioun géif condemnéiert ginn an och esou eng Publikatioun kéim, dass déi sech

eventuell och do misst dergéint wieren. Ech hunn dat, wéi gesot, net am Text fonnt. Mee doriwwer eraus stelle sech och, wéi gesot, Problemer vu Kohärenz.

Ech wär ganz frou, Madamm Ministesch, wann Der och déi dote Punkten eng Kéier géift examinéieren. Ech mengen, dass brauche mer elo de Mëtten net am Detail ze maachen, mee dat si Suergen, déi, wéi gesot, net nëmme vu mir, mee och vum Staatsrot a vu villen aneren Institutionen gedeelt ginn.

Dat gesot, soen ech nach eng Kéier Merci a bréngen hei den Accord vu menger Fraktioun.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Mosar.** An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President.** Ech géif och gären dem Rapporteur, dem President vun eiser Kommissioun, e grouse Merci soe fir säi gudde Rapport. An ech ginn heimat och d'Zoustëmmung vun der LSAP.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Cruchten.** An da wier et um honorabelen Här François Benoy.

**M. François Benoy (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Hären, Madamm Ministesch,** ech wëll ufänken an dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. An ech wëll virun allem iwwer zwee Punkte schwätzen, déi an deem heiten Text dra sinn: engersäits d'Publikatioun vun Informatiounen zur Nohaltegkeet vu Finanzservicer an anersäits de Kader, dee mer setzen, fir ekonomesch Aktivitéiten ze definéieren, déi dann als nohaltege gëllen.

Mir setzen hei, wéi gesot, de Kader, fir méi Transparenz ze schafen a fir nohaltege Investitiounen zeförderen. Ech soe ganz kloer: Mir setzen e Kader. Et ass en Ufank, dee fir eis awer net wäit genuch geet a wou een an deenen nächste Jore weider muss dru schaffen.

Zu Lëtzebuerg hu mer am Ganze 6.000 Milliarden Euro, déi a Fonge placéiert sinn. An domadder si mer déi zweetgréisste Fongepolz vun der Welt. Domadder hu mer gläichzäiteg och eng ganz grouss Verantwortung.

Mat dem Klimaaccord vu Paräis hu mer eis d'Zil ginn, dass mer eis Finanzflëss och an Aklang mat dem 1,5 °C-respektiv dem 2 °C-Zil bréngen. Mir hunn dofir national an europäesch eng ganz Rei Strategien, Aktionspläng, Labelen an esou weider. Mir sinn awer nach meilwäit vun eisem Zil ewech.

An och rezent eréischt huet e Spezialbericht vun der Europäescher Cour des comptes gesot, dass net genuch gemaach gëtt a puncto Transparenz vum Finanzsektor an dass et e Risiko gëtt vu Greenwashing.

Lëtzebuerg huet an de leschte Joren eng Rei Fortschréttler gemaach. Mir si mëttlerweil och op der fënnefter Plaz am Global Green Finance Index. Et muss een awer gläichzäiteg soen, dass nach vill ze maachen ass. Zum Beispill huet eng Etüd vu Greenpeace, déi déi honnert gréisste Fongen analyséiert huet, gesot, dass mer aktuell éischter bei engem 4 °C-Zenario sinn.

An och eng rezent Etüd vun der ALFI huet gesot, dass 29 % vun de Fongen zwar Nohaltegkeetskriterien an hire Strategie hunn, mee just 4 % konkret Ziler, guer net ze schwätze vu Paräis-konform.

Dat ass engersäits natierlech problematesch, wann ee Klimaschutz seriö hält. An anersäits stellt sech och d'Fro vun der Resilienz vun onser Finanzplaz, also



onser Ekonomie, déi engem Klima-Finanz-Risiko ausgesetzt ass.

Eng Analys vun der Zentralbank sot, dass d'Klima-Finanz-Risiken 2020 souguer nach méi héich gi si wéi 2016. An eleng am Bankesektor sinn d'Klima-Finanz-Risiken ëm 32 % geklommen. D'Zentralbank seet hei, dass d'Autoritéite gefuerdert sinn, derfir ze suergen, dass d'Klima-Finanz-Risike besser erfaasst ginn an och reduzéiert ginn.

An och d'CSSF seet, dass de Finanzsektor net genuch klima- an ëmweltrelevant Informatiounen offeleet.

Ech kommen dann zu deem ganze Volet vun der Transparenz. Hei setze mer e bessere Kader, fir dass d'Finanzakteuren Informatiounen zur Nohaltegkeet vun hire Produite weiderleeden un d'Clienten, sief et d'Banken, d'Assurancen an esou weider. Dat gëtt dann iwwer Prospektier gemaach respektiv iwwer Rapport-annuellen.

Dat ass ganz sécher e wichtige Schrëtt fir méi Transparenz och fir d'Clienten. Mir mussen awer kucken, dass an Zukunft och allgemeng d'Investisseuren nach vill méi an déi dote Richtung ginn, fir dass mer eeben nohalteg Investissemente och féerden.

An dofir brauche mer och wirklech Instrumenter, fir dass dee gesamten ökologeschen an och sozialen Odfrock vun der Finanzplaz identifizéiert gëtt an dass mer dann och gezielt an déi Richtung kënnen lenken.

Wéi gesot, déi Instrumenter, déi mer hei schafen, sinn éischter Instrumenter fir d'Clienten a manner, fir wirklech e Screening ze maache vun der Finanzplaz.

An deem Kontext wëll ech och soen, dass et wirklech wichtig wär, dass mer géifen eng Analys vun der Nohaltegkeet vun der Finanzplaz maachen. Et gëtt zum Beispill esou e Moyen, nämlech de PACTA, also de Paris Agreement Capital Transition Assessment. Dee steet och an der Luxembourg Sustainable Finance Strategy dran. Dee gouf wuel och gemaach, hunn ech an engem Artikel an der Press gelies, ass awer zu Lëtzebuerg net verëffentlecht ginn. Mir mengen, dass dat ganz wichtig ass, dass dat géif gemaach ginn. D'Schwäiz, zum Beispill, déi jo och eng Finanzplaz huet, huet dat gemaach.

Ech kommen dann zum Deel vun der Nohaltegkeet. Hei gëtt de Kader gesat, fir ekonomesch Aktivitéiten ze definéieren, déi als nohalteg gëllen. Dat ass eebe wichtig, fir dass mer déi nohalteg Investissemente interessant maachen an och géint Greenwashing virginn.

Dat sinn also Instrumenter, déi mer notze mussen, fir eeben d'Finanzstréim ze lenken, sou, wéi Lëtzebuerg dat och gemaach huet mat der reduzéierter Taxe d'abonnement. An ëmsou méi dramatesch ass et dann, wann ee gesäit, dass d'Europäesch Kommissioun dat Instrument elo selwer wëllt greenwashen, andeems se Atom a Gas als nohalteg wëllt astufen. Esou, muss een einfach soen, verléieren d'Politik an d'Europäesch Unioun u Glafwierdegkeet.

De Problem ass elo natierlech, dass Investissemente an den Atom an an de Gas geförder ginn, woubäi mer awer massiv Investissemente an den Erneuerbare brauchen. Derbäi kënnt nach dee ganze Problem vun der Atomenergie, déi geféierlech ass, lues ass, deier ass a wou mer och déi Problemer mat dem Offall hunn.

Lëtzebuerg an och aner Länner wëlle jo och hei dergéint kloen. Dat hu mer jo och an der Chamber hei an enger Motioun, déi ech deposéiert hunn, gefuerdert. A sollt Atom a Gas wirklech an d'Taxonomie kommen, da muss mer wirklech derfir suergen, dass bei ons just wirklech nohalteg Investissemente domadder ënnerstëtzt ginn a keng Atomenergie an och kee Gas.

Mir wëssen, dass mer de reduzéierte Steuersatz vun der Taxe d'abonnement un d'Taxonomie gekoppelt hunn. An dat muss mer an onsen Aen dann och gegebenefalls upassen. Ech wëll et daitlech soen: Et kann net sinn, dass Lëtzebuerg Atom a Gas mat enger reduzéierter Taxe d'abonnement greenwasht!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Hären, och d'Finanzplaz muss sech de Risiken an den Eerausforderunge vun der Klimakris stellen. Lëtzebuerg huet hei eng daitlech an eng grouss Verantwortung. An dofir brauche mer kloer Signaler a kee Greenwashing.

Mat deem Gesetz ginn Transparenz an Nohaltegkeet gestärkt. An dofir huet dat Gesetz och den Accord vun déi gréng. Mee dat geet net duer. Mir mussen d'Klimarisike besser identifizéieren an ons Instrumenter ausbauen, fir den nohaltege Wandel vun der Finanzplaz ze acceleréieren. Et ass immens wichtig, fir europäesch Initiativen zu Lëtzebuerg ambitiéis ëmzesetzen, First Mover ze sinn a puncto Nohaltegkeet an Transparenz fir de Klimaschutz, awer och fir d'Resilienz vun onser Ekonomie.

Sou stelle mer ons Finanzplaz an d'Ekonomie besser fir d'Zukunft op a mir notzen d'Chancen, déi d'Transitioun hin zu enger klimaneutraler Ekonomie ons bitt. Nëmme, wa mer dat maachen, kënnen mer nämlech och an Zukunft weider op d'Finanzplaz als wichtige Piliere vun onser Ekonomie setzen.

Villmools merci fir d'Nolauschteren!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy. A weider geet et mam honorabelen Här Roy Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo, merci, Här President. Och ech wollt dem honorabelen André Bauler Merci soen, net nëmme fir säi Rapport, mee virun allem och fir déi Gentillesse an dee Sachverstand, mat deem en eis Kommissioun leet. Et ass ëmmer erëm eng Freed, derbäi ze sinn.

(Interruption)

Fir de Rescht halen ech mech un de Modèlle de base a soen, datt d'ADR hir Zoustëmmung zu deem Text gëtt. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Reding. An da wier et un där honorabeler Madamm Myriam Cecchetti.

(Interruptions)

Nee. Da kënnt als leschten ageschriwwene Riedner den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci als Éischt och un de Reporter, den André Bauler, deen e gewinnt pedagogesche Rapport hei presentéiert huet, woumat u sech schonn de Gros zu deem Projet gesot ass, wat den Inhalt ugeet.

Mir schafen also déi legal Basis, fir europäesch Pensiounsproduiten och zu Lëtzebuerg unzibidden. D'Zil vun dese PEPPen - Peppen - ass jo, fir en europäesche Bannemaart fir Rentenproduiten ze schafen, wou d'Leit duerch eng europäesch Konkurrenzsituatioun solle kënnen vu besserer Präisser profitéieren.

Mir allegueren kennen dat: Et ass elo erëm d'Saison vun de Steiererkklärungen, jiddweree vun eis hat e Bréif an der Boîte, an ee vun de Produiten, deen ee jo ofsetze kann, sinn déi ominéis Zousazpensiounen. An hei gëtt elo also e weidere Produit erméiglecht, dee

de Leit genau dat erlaabt, also eng Virsuerge ze hunn. An dat gëtt och staatlech subventionéiert.

Virun allem solle mer awer mat deem heite Projet de Leit et erspueren, wa se vun engem Land an dat anert plënnere, onnéidege Pabeierkrom mussen ze maachen, well déi Produiten eeben tatsächlech iwwert d'Grenz kënnen matgeholl ginn. Et kann een, egal wou een an der EU wunnt, herno an déi Produite cotiséieren a se ginn dann och an alle Länner offréiert.

An, ben - dat wëll ech dann awer och net vergiessen -, et kann een et och mat Net-EU-Staate maachen, wann da bis Accorde géife bestoen. Do bleift ofzewaarden, wéi séier dat geet. Dat si jo dann och europäesch Kompetenzen. Do wëll ech elo guer net virgräifen, wéi séier dat geet. Dat kann heiansdo ganz séier goen. Heiansdo kann dat awer och ganz, ganz laang daueren, soudatt verschidde Leit haut ufänke mat investéieren a warscheinlech bis zu hirer Pensioun nach keen Accord mat deem engen oder aneren Net-EU-Land wäert stoen.

Mir Piraten fannen et an deem Kontext gutt, datt Basis-produite geschaaft ginn, wou d'Sue vun de Leit ofgeséichert sinn. Och dat war eis wichtig. An datt d'Leit duerch eng Berodung ganz kloer solle gesot kréien, ob d'PEPP-Produiten eppes fir se sinn oder eeben net. Well och esou e Produit ass net fir jiddwereen eppes. Fir ganz vill Leit geet u sech déi ëffentlech staatlech Rentenversicherung duer. An och dat ass wichtig ze soen. Dat heite soll wirklech just als Zousaz déngen do, wou et Sënn mécht, an all Mënsch muss och an Dignitéit kënnen am Alter liewen, wann e keng Zousazpensioun ofgeschloss huet.

Also et ass wichtig: Et geet hei ëm en Zousaz. A mir wëllen domadder op kee Fall de staatleche Rentensystem a Fro stellen. Ech hat och net d'Gefill, datt dat an der Kommissioun gemaach gi wier. Et war éischter souguer e ganz staarke Wëllen do fir ze soen: Mir prioriséieren déi ëffentlech Pensiounskeess. An dat heiten ass wirklech en Zousaz fir do, wou et Sënn mécht, virun allem, wann een eebe grenziwwerschreidend aktiv ass.

Et ass also fir eis hei e schéine Plus, mee kee Fräifaartschäin, fir elo op anere Plazen d'Rechter vun de Konsument/innen an Europa verwässeren ze goen.

Här President, ech kann eisen Accord elo schonn dozou ginn, net ouni awer vläicht op deem nämmlechte Bemoll wëllen hinweisen, wéi de François Benoy dat elo grad gemaach huet, an dat ass natierlech de Volet vun: A wat investéieren déi Produiten dann? An hei, mengen ech, ass et wichtig, duerch d'Entscheidung, déi d'Europäesch Kommissioun elo geholl huet, wat d'Taxonomie ugeet, datt ee wirklech op Transparenz setzt, datt déi Produiten, déi zu Lëtzebuerg herno kommerzialiséiert ginn, transparent maachen, a wat se hannendrun investéieren. An zwar net nëmme no de Kategoriën vun der Taxonomie, mee vläicht dorwiwwer eraus. Se kënnen jo fräiwëllig méi wäit goen an hiren Informatiounsdocumenter, fir et esou de Konsumentinnen a Konsumenten ze erméiglechen, eebe grad déi Saache wéi Atomenergie, wéi Gas net an hirem Portefeuille ze hunn. Ech mengen, datt dat sënnvoll wär.

An ech maachen hei e ganz ferm Appell un déi Assurancëfirmen, déi dat dann iergendwann eng Kéier wëlle kommerzialiséieren, un déi Banken, déi dat wëlle kommerzialiséieren: Sidd transparent! Limitéiert Iech net op de Minimum! An erméiglecht et de Konsumentinnen a Konsumenten, wirklech hei e Choix ze treffen en connaissance de cause, ouni eeben herno eppes kaaf ze hunn, wat se u sech guer net kafe wollten.

Ech soen Iech Merci.



**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzminister Yuriko Backes. Madamm Backes, Dir hutt d'Wuert.

### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Voilà. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, et freet mech, fir eng éischte Kéier hei a menger neier Fonctioun an der Chamber bei Iech ze sinn, direkt fir dräi Gesetzesprojeten, déi och ganz wichteg si fir eis Finanzplaz. Déi dräi Texter situéiere sech alleguerten effektiv am Kader och vun der Kapitalmarkt-Unioun a si fir eis Lëtzeburger Finanzplaz och ganz wichteg.

Fir d'éischt wëll ech natierlech och dem Rapporteur e ganz grouse Merci soe fir de mëndlechen an och den exzellente schrëftleche Rapport. E grouse Merci, Här Bauler! An dann Iech alleguerte merci fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

Wéi de Rapporteur dat och soulevéiert huet, déngt dëse Projet de loi haaptsächlech der Ëmsetzung vun europäeschen Texter. Et geet direkt ëm fënneg Reglementer an eng Direktiv, déi ëmgesat mussen ginn, wat dat neit europäescht Produkt fir individuell Zousatzpensiounen uegt.

Déi traditionell Zousatzpensiounen sinn net ëmmer eng adequat Äntwert op dat sech dach verännerend Ëmfeld um Aarbechtsmaart. D'Leit wiessele vun enger Plaz op déi aner, plënnere vun engem Land an dat aner. Dofir besteet wierklech en enorm Potenzial, fir eng praktesch europäesch Léisung ze fannen, fir eise Bierger ze hëllefen, fir hir Pensioun ze spueren, an där Mobilitéit dann och Rechnung ze droen.

D'Portabilitéit vun deem sougenannte PEPP - Pepp - wäert et erlaben, weider an de selwechte Produit ze investéieren an anzebezuelen, och wann een an en anert Land geplënnert ass. Ech mengen, dat ass ganz wichteg fir eis Bierger.

Mat dësem Projet de loi setze mer dann de Kader fir d'Iwwerwaachung vun der Kommerzialisatioun vum PEPP zu Lëtzebuerg, andeems och d'Autorités de surveillance designéiert ginn an déi néideg Pouvoir kreéien.

Am Kader vun der Kapitalmarkt-Unioun, déi als Zil huet, d'Finanzéierungsméiglechkeete vun den Entrepreneuren ze diversifizéieren an ze stäerken, kënnen d'Pensiounsfongen eng wichteg Roll als Investisseur spillen. Als international Fongplaz huet Lëtzebuerg all d'Viraussetzungen an notament och déi néideg Kompetenzen, fir och aus dem PEPP eng Successstory ze maachen.

Doriwwer eraus operationaliséiert de Projet de loi verschidden Dispositiounen vu Reglementer am Beräich vun den nohaltegen a grénge Finanzen, der Taxonomie an der Disclosure.

Vu dass et sech hei ëm europäesch Reglementer handelt, déi also direkt an der Lëtzeburger Gesetzgebung applikabel sinn, huet dëse Projet de loi näischt am Fong mat den Texter ze dinn, déi aktuell an der Diskussioun sinn. Dir hutt se och ernimmt: d'Inclusioun vum Nucleaire a vum Gas an der Taxonomie. Ech mengen, do ass d'Regierungspositioun och ganz kloer.

De Projet de loi, deen haut virläit, setzt wéi och bei anere Reglementer verschidden Dispositiounen ëm, andeems déi zousätzlech zoustänneg Autoritéite fir déi zwee Reglementer designéiert ginn. De Projet preziséiert also just de Kader, an deem d'CSSF an de Commissariat aux assurances hir jeeweileg Missiounen ausüben.

De leschte Volet vum Gesetzesprojet, deen haut zum Vott steet, betrëfft d'Ëmsetzung vun zwee europäeschen Texter: d'UCITS-Direktiv an och de PRIIPS-Reglement. Ech mengen, hei huet den Här Bauler dat och ganz, ganz gutt erkläert. Dat sinn trotzdeem relativ technesch Ännerungen.

D'Texter goufen eréischt am Dezember publizéiert. Mir wollten dës Texter ganz séier ëmsetzen, well se justement wichteg si fir eis Finanzplaz. Mir wëllen och weider Klassebeschte bleiwen an der Ëmsetzung vun den Direktiven am Finanzdomän. An an deem Sënn wëll ech der Chamber Merci soe fir déi exzellent Zesummenaarbecht op dem Projet de loi am Allgemengen, mee och um Punkt, wat d'Transpositioun vun den Direktiven uegt.

Ech wollt dann awer nach vläicht kuerz, ganz, ganz kuerz agoen op dat, wat den Deputéierten Här Mosar gesot huet. Op där enger Säit, wat d'Sanktiounsgesetz uegt. Ech mengen, do gëtt effektiv un engem Avant-projet geschafft. Dir mentionéiert, dass dat och mat mengem Virgänger diskutéiert ginn ass. Ech kréie gesot, dass dat leider während der Pandemie net richteg weiderkonn ass. Et ass och extreem komplizéiert, Dir hutt et mentionéiert. Et ass juristescht och ganz, ganz komplex. Ech huele mech awer deem Dossier un. An ech hoffen, dass mer eis bei Geleeënheet dann och an der Cofibu domadder kënnen auseruesetzen.

Dir hat eng zweet Fro, Här Mosar, wat de Recours uegt. Do kann ech Iech just soen, dass géint all Decisioun vun der CSSF kann e Recours administratif geholl ginn. Dat ass Droit commun, och wann et net explizit an den Texter steet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Voilà.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Ech soen Iech villmools Merci!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes villmools Merci.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7774. Den Text steet am Document parlementaire 7774<sup>6</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7774 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi 7774 ass mat 57 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmmen uegheoll.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo) et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie*

*Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## **5. 7825 - Projet de loi portant**

**1<sup>re</sup> modification de la loi modifiée du 22 mars 2004 relative à la titrisation et portant modification de - la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier - la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier - la loi du 27 juillet 2003 sur le trust et les contrats fiduciaires - la loi modifiée du 4 décembre 1967 relative à l'impôt sur le revenu - la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune - la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;**

**2<sup>e</sup> modification de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ;**

**3<sup>e</sup> modification de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ;**

**4<sup>e</sup> modification de la loi du 16 juillet 2019 portant mise en œuvre des règlements EuVECA, EuSEF, MMF, ELTIF et Titrisation STS ;**

**5<sup>e</sup> mise en œuvre du règlement (UE) 2020/1503 du Parlement européen et du Conseil du 7 octobre 2020 relatif aux prestataires européens de services de financement participatif pour les entrepreneurs, et modifiant le règlement (UE) 2017/1129 et la directive (UE) 2019/1937**

Mir kommen elo zum Projet de loi 7825 iwwert d'Titrisatioun an de Crowdfunding. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An de Rapporteur vun dësem Projet de loi ass - wéi kënnt et anescht sinn? - den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**Une voix** | Très bien!

### **Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Merci, Här President, léif alleguer. Merci emol fir d'éischt, léif Kolleegen, fir déi gentil Wieder. Dat deet ëmmer esou gutt bei deenen dréchenen Texter hei. De Sven Clement sot, ech géif et ëmmer op eng relativ pedagogesch Manéier maachen. Wësst Der, dës Texter sinn heiansdo esou komplizéiert, dass een d'office, weinstens a mengem Fall, mat enger gewëssener Deemut do erugeet an ee sech dann och heiansdo freet, wann een dat hei muss exposéieren - do wëll ech Iech awer elo net ..., do dierft Der mech elo net falsch verstoen -: „Wie sage ich es meinem Kinde?“ An dat heescht, et soll een et an einfache Wieder versichen ze erklären. Deem Exercice wëll ech mech dann och ëmmer gären ënnerzéien, souwäit et méiglech ass.

**Une voix** | Très bien!



**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Bei dësem Gesetzesprojet 7825 geet et ëm zwee Voleten: engersäits ëm d'Titrisatioun an anerersäits ëm de Crowdfunding.

Et handelt sech also hei ëm zwee, jo, klassesch Elementer aus der Finanzwelt: Eent, dat all Mënsch kennt, de Crowdfunding, engersäits, also d'Sammele vu Fonge fir spezifesch Projeten, an op där anerer Säit d'Titrisatioun. Dat ass eng Praxis, déi warscheinlech ausserhalb vun der Finanzsphär net onbedéngt ganz ville Leit bekannt ass.

Loosst eis als Éischt mat der manner bekannter Praktik, also der Titrisatioun ufänken, déi de klassischen, traditionelle Client net direkt betrëfft.

Wéini schwätzt ee vun Titrisatioun? Eh bien, dat ass, ganz graff gesot, de Fall, wann ee Scholde verkeeft. Et ass also eng Finanzéierungstechnik, mat där Aktiven, déi e Revenu erméiglechen, un ee bestëmmten Organismus verkaaft ginn. Dësen Organismus benotzt dann déi Aktiven, fir Wäertpabeieren ze decken, déi dann op de Finanzmäert kënne verkaaft ginn.

De Virdeel hei ass, dass d'Scholden, déi am Fong just schlecht getosch kënne ginn, mat dëser Method kënne regroupéiert ginn an dann an de Verkauf kënne kommen.

Sou vill zur Definitioun.

Elo ginn ech dann op d'Punkten an, déi de Gesetzesprojet änneren soll.

Et geet drëm, fir e puer spezifesch Ännerunge vum Gesetz vum 22. Mäerz 2004 iwwert d'Titrisatioun virzehuelen. D'Zil ass et, fir Onkloerheeten aus der Welt ze schafen, andeem e puer Punkte prezisiéiert ginn. Dorënner fale gewësse Bezeechnungen, déi nei definéiert ginn, fir all den Acteuren déi gréisstméiglech Rechtssécherheet ze ginn.

Generell muss d'Gesetzgebung un déi aktuell Realitéit vum Marché ugepasst ginn. Zousätzlech komme Garantien fir d'Investisseuren derbäi.

D'Titrisatiounsorganismen kréien, dem Gesetzesprojet no, zukünfteg méi Spillraum, fir hir Aktivitéiten duerchzuféieren. D'Organismen kréie fir d'Éischt emol e méi breede Choix, wéi eng juristesche Form vu Gesellschaft si wëllen adoptéieren, Sociétés anonymes oder Sociétés en commandite, zum Beispill. Si hunn och e méi breede Choix, wat d'Finanzementer ugeet, op déi se zréckgräifen dierfen. Si dierfen och Sécherheeten an aner Garantien un Drëtter ausstellen a si dierfe schlussendlech eng aktiv Gestoun vu verschiddene Wäertpabeiere maachen.

Fir d'Sécherheet vun den Investisseuren ze verstärken, ginn och hei e puer Ännerunge virgeholl. D'Reegelen iwwert d'Opdeelung, de sougenannte Compartimentage, vun engem Titrisatiounsorganismen, déi Reegele gi prezisiéiert. Zousätzlech müssen d'Titrisatiounsfongen dann an Zukunft och an eist Handelsregëster, den RCS, agedroe ginn.

Elo zum zweeten Deel vun dësem Gesetzesprojet.

Hei geet et ëm de Crowdfunding, also déi participativ Finanzementer, Financements participatifs. Dat ass eng Praxis, déi eis all, ech géif emol mengen, e Begrëff ass. Hei geet et also ëm eng Persoun, déi Sue brauch, Investisseuren, déi Suen hunn, an dann e Prestataire, dee via eng Onlineplattform vermittelte.

Et geet also hei an éischter Linn ëm de Finanzement vu klengen a mëttleren Entrepreneuren an och Startups, déi vergläichsweis kleng Montante brauchen, fir hir Aktivitéiten ze developpéieren oder ausbauen ze kënnen.

Et gëtt also am Normalfall pro Projet immens vill Investisseuren, déi ëmmer just kleng oder ganz kleng

Montante bereet sinn ze investéieren. Hei geet et net just ëm Investisseuren, mee och ëm Kreditter, déi iwwer esou Plattformen kënne gewäert, octroyéiert oder verdeelt ginn.

Bis elo gëtt et europawäit verschidde rechtlech Regimenter, déi fir de Moment net gutt koordinéiert sinn. Dowéinst soll dat europäesch Reglement 2020/1503 vum 7. Oktober 2020 hei eng gemeinsam Léisung sinn. Esou gëtt erëm d'Unioen vun de Kapitalmäert gestärkt, an den administrativen an och de juristeschen Opwand fir transnational Opfuerderungen, fir Finanzementer ze tätigen, gëtt reduzéiert.

Dat heite Reglement schafft also harmoniséiert Reegele fir de Fonctionnement, d'Organisatioun, den Agreement an d'Kontroll vun de Crowdfunding-Übiddern an hire Plattformen.

D'Zil ass et, fir grad eeben de klengen a mëttelgrousse Betriber souwéi de Startups en Accès op alternativ Finanzementer ze vereinfachen. Am selwechten Otemzuch gëtt awer och de Schutz vun den Investisseuren duerch harmoniséiert Reegele verbessert.

De Schutz vun den Investisseuren gëtt an dësem Fall nees iwwert d'CSSF garantéiert. D'CSSF gëtt also als kompetent Autoritéit am Text genannt. De Projet prezisiéiert och d'Pouvoir vun der CSSF, wat d'Surveillance, d'Enquêtes an d'Sanktiounen ugeet. An do wiere mer dann erëm beim Här Mosar sengem Thema, déi Fro, déi en eebe virdrun opgeworf hat.

Zum Schluss nach zu den Avisen.

De Staatsrot huet säin Avis de 17. Dezember zejoert publizéiert. Wat d'Derogatioun aus dem Artikel 19 ugeet, do war de Staatsrot der Meenung, dass déi net néideg ass an dowéinst sollt déi dann och erausgeholl ginn. De Staatsrot huet sech formell zu den Artikelen 20-18 an 20-19 opposéiert, dat, well europäesch Reglementer direkt applikabel sinn an déi national Gesetzgeber se net kopéieren dierfen.

D'Finanz- a Budgetskommissioun ass dësen Opfuerderungen natierlech gären nokomm a si huet de Gesetzesprojet an deem Sënn och deementspriedend ofgeännert.

D'Chambre de Commerce begréisst allgemeng de Gesetzesprojet, mee hätt sech méi Flexibilitéit fir d'Titrisatiounsorganismen gewënscht, wat d'Gard vun hire Liquiditéiten a Valeurs mobilières ugeet. D'Handelskummer hätt sech och driwwer gefreet, wa prezisiéiert gi wier, ob d'Titrisatiounsorganismen selwer kéinte Prête verginn.

Fir d'Detailer vun dësen Avisen verweisen ech op déi respektiv Dokumenter. Méi Detailer zum ganze Gesetzesprojet fannt Dir wéi gewinnt am schrëftlechen Rapport.

Här President, léif alleguer, et ass nun emol d'Stärkt vun der Lëtzebuerger Finanzplaz, dass eis Gesetzgebung ëmmer nees op den neiste Stand bruecht gëtt, dat mer och dacks First Mover sinn, denke mer un d'UCITS-Fongen an den 80er-Joren, op deene mer eng grouss Industrie opgebaut hunn. Mir ginn den Ufuerderunge vun der Zäit gerecht a bauen dofir eise gesetzleche Kader aus. Mat eise Gesetzgeber probéiere mer, all den Acteuren déi gréisstméiglech Rechtssécherheet ze bidden an hir Investisseuren hei am Grand-Duché beschtméiglech ze schützen.

Dat stëmmt net just, wann et ëm Finanzprodukter geet, déi am Fong just tëschent de Banken an aneren Organismen benotzt ginn, wéi zum Beispill d'Titrisatioun, nee, dëse Prinzip gëllt och fir alternativ Finanzéierungsméiglechkeete fir kleng a mëttel Betriber an och fir Startups, wéi et beim Crowdfunding nun emol de Fall ass.

Et ass dës Approche, déi mat dozou bäidréit, dass déi Lëtzebuerger Finanzplaz - vun där mer jo, wann een op d'Staatsfinanze kuckt, immens staark ofhänken - eeben esou attraktiv ass. Et muss ee bedenken, dass eleng eis Fongen aktuell 5,9 Billiounen Euro geréieren. Dat ass méi wéi de järeleche PIB, de Bruttoinlandsprodukt vu Japan, fir Iech dat e bësse méi ze verbildlechen, ze konkretiséieren.

An dach muss mer eis ëmmer virun Aen halen, dass an der wirtschaftlecher Geschicht vun eisem Land dacks villen a Fro gestallt ginn ass, sief et duerch konjunkturrell Abréch, duerch strukturell Mutatiounen oder Verännerungen am internationale fiskaleschen Ëmfeld. D'Geschicht kennt eebe keng Droits acquis, keng éiweg geséichert Rechter, an dofir muss mer vigilant bleiwen an eise Bifdeck zu Bréssel an doriwwer eraus all Dag verteidegen.

Léif alleguer, dëse Gesetzesprojet ass an deem Sënn e weidert Puzzlestéck an eiser Legislatioun, déi, zesumme mat villen aneren Elementer, den Ekosystem vun eiser Finanzplaz an och hir Stärkt ausmécht an och dës Finanzplaz mat hirem Ekosystem sou attraktiv hält a mécht.

D'DP-Fraktioun gëtt op dëser Plaz dann och hiren Accord zu dësem Projet.

Schlussendlech soen ech nach eng Kéier der Madamm Finanzminister an hire Beamten aus dem Ministère villmools Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht a wënschen Iech - ech hat dat virdru vergiess, Madamm Minister - natierlech och bonne Chance an Ärer neier Fonctioun a besonnesch bei der Verteidegung vun eisem Bifdeck zu Bréssel.

Villmools merci fir Är Opmierksamkeet an de gewinn-ten Interêt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur André Bauler.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar.

**Discussion générale**

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo. Merci och direkt un de Rapporteur fir säin erëm eng Kéier exzellente Rapport. Besonnesch gutt huet mer awer seng Konklusioenen hei gefall: de Bifdeck, dee mer sollen zu Bréssel verteidegen. Ech mengen, en huet do méi wéi Recht. An e fënnt och ëmmer d'CSV, jo, op senger Säit, wann et drëm geet, justement dee Bifdeck do ze verteidegen.

Ech kann dann och, Här President, direkt den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet ginn. De Rapporteur huet gesot, dass do elo notament vill méi Flexibilitéit kennt, wat déi Organismen de titrisation ubelaangt. Déi kënnen elo aner Zorte vu Gesellschaftsformen adoptéieren, wat fir mech e wichtege Schrëtt ass.

Ech kommen awer net derlaanscht, trotzdeem hei eng kleng Kritik unzëbréngen. De Rapporteur huet dat och schonn a sengem Rapport zitéiert. Dat ass och eng Kritik, déi d'Chambre de Commerce mécht. Ech mengen eigentlech, dass mer hei hätte kënnen e bësselche méi wäit goen, wat déi Possibilitäten vun Titrisatiounsorganismen ugeet. Notament hätt een do awer kloer kënne soen, dass och esou Organismen kéinten hir eegen Aktivaen halen. Dat ass net gemaach ginn. Ech muss och soen, ech verstinn et net richteg, vu dass jo awer och déi Organismen hei ënnert déi selwecht Contrôle a Surveillance falen wéi d'Banken, nämlech d'CSSF. An ech mengen, et hätt een, wéi gesot, do sécherlech och vläicht déi Organismen nach méi kompetitiv kënne maachen,



notamment - a kommt, mer vergiessen dat net - an enger Welt, wou awer vläicht d'Banke manner wichteg ginn an eenzel Fonctiounen ëmmer méi och vun aneren Organisme wäerten iwwerholl ginn. Duerfir, wéi gesot, do hätt ee sech kënne virstellen, datt mer e bësse méi wäit gaange wieren.

Gradesou wéi och, datt net kloer aus dem Text ervirgeet, datt dës Organismen och kënne selwer Prêteen accordéieren. Ech verstinn do och net richtig, firwat datt mer net op dee Wee do gaange sinn. Ech muss och soen, datt et eigentlech net direkt verbueden ass, wann een den Text liest, mee et ass eng gewëssen Incertitude. A firwat dat net weider preziséieren, dat ass eng Fro, déi fir mech also net ganz kloer ass.

An dann e leschte Punkt: Ech mengen, mir müssen och iwwerleeën - an dësem Projet war dat vläicht nach e bëssen ze fréi -, inwiefern datt esou Organismen de titrisation an Zukunft och kënne aner Zorte vu Wärgungen detenéieren. Ech schwätzen hei vun de Kryptowärgungen. Och dat ass eng Tendenz, laanscht déi mer net kommen. Och do stellt sech d'Fro, ob een net awer misst e bësselche méi schnell goen, wat e Cadre légal vun esou Kryptomonnaien ugeet. Ech weess, datt den Här Gramegna ëmmer gesot huet, e géif do e bësselche waarden op en europäesche Kader. Ech verstinn och de Sënn vun där Demarche, hunn awer d'Gefill, datt aner Länner am Moment amgaange sinn, do e bësselche méi schnell virunzekommen - notamment Frankräich -, wat dann awer erëm riskéiert, eis um Niveau vun der Kompetitivitéit éischter zum Nodeel ze gereechen. Duerfir och do mäi Wonsch, vläicht bei engem nächste Projet ze kucken, ob een déi net do ka matabannen.

Dat gesot, bréngen ech awer hei den Accord vu menger Fraktioun, a mir wäerten dëse Projet matstëmmen. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert weider un den honorablen Här Dan Biancalana.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur, dem Här Bauler, Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport a ginn heimat och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Biancalana. An da geet d'Wuert weider un den honorablen Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Merci, Här President. Och vu menger Säit villmools merci dem Rapporteur fir dee ganz gudden mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech wëll e puer Wuert iwwert de Crowdfunding verléieren, wat jo wierklech eng gutt Saach ass, dass mer deem hei elo e besseren an e méi kloer Kader ginn.

Crowdfunding gëtt et eigentlech jo scho ganz laang, och wann en an de leschte Joren - soen ech elo mol - duerch den Internet vläicht méi bekannt ginn ass. Dat berüümtste Beispill vu Crowdfunding respektiv vläicht och dat eelsten, ass jo dat vun der Fräiheitsstatue zu New York, déi jo iwwer e Crowdfunding finanziert ginn ass, wou 160.000 Spender sech zesummegedoen hunn, fir dat dunn ze realiséieren. An, wéi gesot, am Zäitalter vum Internet ass et awer e Phänomeen, deen ëmmer méi grouss gëtt. An ech mengen, wat et vrun allem interessant mécht, ass, dass et innovativ Geschäftsidde méiglech mécht oder vläicht och Geschäftsidde méiglech mécht, déi soss vläicht net onbedéngt iwwert de klässesche Wee - soen ech elo mol - hir Finanzierung fonnt hätten. An doduerjer mécht et souzoe ganz nei Méiglechkeeten op. Et gëtt also och de Bierger mat innovativen Iddie wierklech

d'Méiglechkeet, fir déi ëmzesetzen, an dofir ass et och wichteg, dass mer hei e richtige Kader dofir schafen, fir dass nieft deene méi klässeschen Aart a Weisen, fir Finanzéierungen ze fannen, och nei Geschäftsidde iwwert de Crowdfunding eebe kënne realiséiert ginn.

An ech mengen grad - an dat huet sech och déi lescht Jore gewisen -, dass iwwert den Internet an déi sozial Medien dat doten hei an den nächste Joren nach méi u Wichtegkeet wäert kréien an och nach méi Leit drop wäerten zréckgräifen.

An de leschte Jore gouf et jo och eng Rei national Initiativen, fir de Crowdfunding ze reguléieren, zum Beispill a Frankräich. Bon, dat huet awer dunn derzou gefouert, dass een ënnerschiddlech Reegelingen an der Europäescher Unioun hat, wat dat awer net onbedéngt esou ënnerstëtzt huet, wéi een europawäit harmoniséierte legale Kader dat mécht, dee jo ganz am Sënn vun dem Marché unique ass. An dat ass jo och dat, wat mer haut hei maachen.

En harmoniséierte legale Kader wäert, mengen ech, och d'Käschten allgemeng vun de Crowdfunding-Plattformen kënne drécken, wat déi Investitiounsméiglechkeeten doduerjer méi attraktiv mécht. Och grenzüwwerschreidend Investissementer ginn doduerch vereinfacht a geféiert. An och d'Sécherheet fir Investisseure ka verbessert ginn.

Dat mécht doduerjer de Crowdfunding zu engem staarken, nach méi staarken Moyen fir d'Zukunft, wouduerch mer zu Lëtzebuerg Startuppen an och an Europa Startuppe kënne gezielt ënnerstëtzen. An ech mengen, déi Projekte si grad esou ënnerstëtzenswäert, well ee mierkt, dass grad am Beräich vun der Innovatioun, der Klimatransitioun, awer och der Digitaliséierung hei ganz flott Projekte finanziert ginn, déi soss vläicht um klässesche Wee méi Schwieeregkeeten hätten.

An an deem Sënn ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun fir deen heite Projet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy. An d'Wuert huet elo den honorablen Här Roy Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Merci, Här President. Alt nees eng Kéier merci dem Rapporteur. Ech huele virwech, datt mer als ADR dat Gesetz hei matstëmmen.

Ech deelen, wat aner Kollege virdru gesot hunn: Dat Beschut an Ärem Rapport déi Kéier war d'Konklusioun. An den Här Mosar huet gemengt, d'CSV géif hanner Iech stoen an hannert der Ministesch stoen, wann et drëm geet, eise Steak ze verteidegen. Ech géif soen, traditionell hunn hei am Haus ëmmer all d'Parteien Hand an Hand geschafft - ausser vläicht um ganz lénke Bord -, wann et drëm gaangen ass, eis Finanzplaz opzebauen, ze stäerken an ze verteidegen.

An dee Steak, dee soll een net ënnerschätzen. Mir wëssen, dass ganz donkel Wolleken opgezu sinn um OECD-Himmel, wou ënnert dem Virwand vun enger Harmoniséierung vu Steuerreegelen, vu BEPSen a wéi se dann alleguerten heeschen, probéiert gëtt, Lëtzebuerg un d'Lieder ze goen. Mir hunn hei am Land 40.000 SOPARFien an dovunner lieue ganz vill Leit: Déi Leit, déi se grënnen, déi Leit, déi se domiciliéieren, déi Leit, déi se verwalten, d'Kontabelen, d'Experts comptables, d'Bureaux comptables, d'Réviseur-d'entreprises an esou weider an esou weider. A wann dat ugegraff gëtt, dat kéint en eenorme Schued gi fir Lëtzebuerg, fir eis Steuereinnahmen a souger fir eis Fongezplaz, déi domadder och direkt betraff wier. An duerfir kann ech am Numm vun der ADR nëmme soen: Madamm Backes, Dir hutt eis Ënnerstëtzung. Kämpft

ëm eise Steak. A bonne chance, net nëmme zu Bréssel, mee virun allem och mat der OECD!

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Reding. An da wier et un där honorablen Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Fir d'éischt merci dem Rapporteur fir säi Rapport an och wëllkomm der neier Finanzministesch hei an der Chamber.

Mir mengen, wann een iwwert d'Titrisatioun schwätzt, da soll ee sech awer och d'Kris vun de Subprimes am Joer 2008 an Erënnung ruffen. Et war genee dës Finanztechnik, iwwert déi mer haut schwätzen, déi deemools d'Finanzkris ausgeléist huet, eng Finanzkris, déi letztendlech Milliounen vu Familljen op der Welt an d'Aarmut gedriwwen huet.

Mir stelle fest, dass d'Titrisatioun ënnert dem Drock vun der Finanzwelt lues a lues erëm méi salonfäeg gemaach gouf, nodeems se jorelaang a Verruff gerode war. An och, wann ëmmer gesot gëtt, et hätt een d'Lektioun vun 2008 geléiert an deementsprechend Reegelen agefouert, bleift et fir eis immens problematesch. An eisen Ae verhält et sech mat der Titrisatioun wéi mat der Nuklearenergie: D'Bedreiwer vun Atomkraaftwierker ënnerleien och strenge Sécherheetsreegelen an et ka sinn, datt et ni zu engem Accident kënnt. Mee wann et knuppt, da knuppt et richtig!

Mat deem heite Projet de loi kréien d'Finanzinstituter méi Flexibilitéit, fir hir Produiten am Beräich vun der Titrisatioun ze strukturéieren. Et geet net drëms, d'Reguléierung méi streng, mee méi labber ze maachen. Dofir wäerte mir och dergéint stëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, nach eng Kéier merci un de Rapporteur fir déi ausféierlech Erklärungen.

Wann ech mer sou d'Reaktiounen unhéieren hu virdru, dann hat ech e bëssen d'Gefill, datt jiddweree sou méi oder manner domadder averstane wier, datt dat e ganz onspektakuläre Finanzprojet sollt sinn, deen e Secteur betrëfft, mat deem vill Leit am Alldag wéineg ze dinn hunn an deen zwar de Bifdeck tangéiert, mee éischter sou d'Bäilag vum Bifdeck ass wéi de Bifdeck selwer.

Mat dësem Gesetzesprojet sollten e puer Ännerunge kommen, punktuell, wat d'Reegele fir Verbréifungsgesellschaften, also déi Firmen, déi Wäertpabeieren opsetzen, betreffen. Zum Beispill sollen dës speziell Firmengesellschaften sech dann elo och müssen am Registre de commerce androen.

Esou wäit, esou gutt. Mee nee, leider net. Dëse schäinbar onspektakuläre Gesetzesprojet ass nämlech alles anescht wéi dat. D'Stëmme vun dësem Projet wäert dozou féieren, datt d'Immobilienpekulation zu Lëtzebuerg weider ugeheizt gëtt. Do freet ee sech, firwat? Ma well dës Finanzgesellschaften mat dësem Gesetzesprojet - an do ass de Staatsrot och enger Meenung mat mer - an Zukunft direkt kënne Immobilien kafen oder och indirekt duerch Duechterfirmen an de Besëtz vun Wunnengen kommen. Dës Gesellschaften si reng op Finanzprodukte spezialiséiert. Si wäerte keng Wunnengen hei am Land bauen. Si kafe just a verkafen dann erëm zu engem méi héije Präis.



U sech e Skandal! Esou muss een et einfach soen. Jorelaang gëtt dem Bierger an der Biergerin dobausse gesot, et wier ee sech der Logementsproblematik bewosst, et wëlt ee géint d'Spekulation virgoen, an dann esou eppes. Dat kënnen mir Piraten net akzeptéieren! Ech kann net novollzéien, wéi esou eppes ka sinn.

Et gouf dunn an de Rapport eng Nott opgehol, datt dës Firms keng Aktivitéits commerciales mat dëse Wunnengen dierfen hunn. Bon, dat ass ... mir wëssen ... mir kennen déi Diskussioun iwwert d'Activitéits commerciales méi wéi genuch. An dat ass awer esou e Gummibegrëff. A virun allem, wann ee weess, wéi vill d'Firmestrukturen et gëtt, an datt een allkéiers fir een Objet quasi erëm eng Zweckgesellschaft ka maachen, da fänkt et awer un, iergendwou kokass ze ginn.

An da steet et just am Rapport, et steet net am Gesetz! Op där enger Säit verspricht eis de Premier a senger Ried zum État de la Nation eng Spekulationssteuer an eng Reform vun der Grondsteuer. Zweek Projeten, zu deene mer nach ëmmer keng Detailer kennen. Mir als Chamber wëllen dann d'Recht op Wunraum souguer als Staatszil an d'Verfassung schreiwen, an dann dat heiten. Eng Firma, déi Wäertpabeieren op de Marché bréngt, an all déi Firmen, un deenen dës éischt Firma Parte besetzt, sollen Haiser a Wunnenge besetzen dierfen, solle mat dëse Wunnengen dierfe Profit maachen.

Dat Ganzt hei weist einfach, wéi onéierlech d'Logementskris ugaange gëtt. Op där enger Säit verspreche mer Besserung, fir op där anerer Säit dann esou Projete wéi dat heiten ze stëmmen.

Här President, ech kann Iech ganz kloer soen, datt mir Piraten dëse Projet net matstëmme wäerten. Net, well mer net de Bifdeck wëlle verteidegen. Jiddweree vun de Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger hätt gären e Stéck vun deem Bifdeck. Mee ganz einfach, well d'Logementskris ze akut ass, fir elo nach d'Immobilienpekulation weider unzeheizen.

Eis Positioun ass also kloer. Mee un der Regierungspositioun hunn ech, spéitstens no dësem Gesetzesprojet, nawell awer meng Zweifel. Well wa mer hei am Rhythmus vun der Sprangpressessioun beim Thema Logement Gesetzer ausschaffen, dann ass d'Logementskris nach eppes, wat eis Enkelkanner wäert beschäftegen. Dëst Gesetz ass ee grouse Schrëtt no hannen a keen no vir a fënnt dofir net eis Ënnerstützung.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministeresch Yuriko Backes. Madamm Backes, Dir hutt d'Wuert.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, nach eng Keier dem Rapporteur Här Bauler e grouse Merci fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport.

Et ass e puermol iwwert de Bifdeck geschwat ginn. Ech wäert e selbstverständlech verteidegen, maacht Iech do iwwerhaupt keng Suergen. Et wäert do op alle Fall net u menger Determinatioun feelen!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Ech soen Iech dann och Merci fir d'Zoustëmmung, déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet de loi. Et ass

wichtig, dass mir eng Finanzplaz hunn, déi Konkurrenzfähig a villfältig ass an dat och bleift. Dëse Gesetzesprojet dréit ouni Zweifel dozou bäi, andeems d'Aktivitéiten, déi op der Finanzplaz schonn haut bestinn, konsolidéiert ginn an en Ëmfeld geschaaft gëtt, fir dass och nei Aktivitéiten zu Lëtzebuerg kënnen gemaach ginn.

Lëtzebuerg huet sech scho virun enger Rei vu Joren e gesetzleche Kader ginn fir den Developpement vum Titrisationengeschäft. Dëse legale Kader huet sech an der Praxis bewäert: Lëtzebuerg ass ënnert den Top-3-Länner an Europa an dësem Beräich.

Fir dass dat esou bleift, riichte mir mat dësem Gesetzesprojet de Bléck dann och weider no vir. D'Titrisation ass eng Finanztechnik, déi der reeller Ekonomie zeguttkënn, nei Liquiditéit fir Banken an Entreprises schaaft an nei Investissementsmëglichkeete kreéiert.

Dat huet och d'Europäesch Kommissioun rezent ënnerstrach, andeems se sech fir e méi breede Gebrauch vun der Titrisation am Kader vun der ekonomescher Relance no der Pandemie ausgesprach huet.

Här President, dëse Gesetzesprojet klarifizéiert d'Gesetz iwwert d'Titrisation op eenzele Punkten a passt et eebe un déi aktuell Exigencë vum Marché un. Dobäi gëtt awer och eng Keier de Schutz vun den Investisseuren gestärkt. D'Modernisation vum Gesetz vun 2004 soll den Entitéiten, déi wëllen ënner Lëtzeburgergeschem Recht eng Titrisation realiséieren, nei Mëglichkeete ginn, fir dës ënner klore Konditiounen auszuféieren.

Dofir wëll ech vläicht dann och direkt op d'Remark vum Deputéierte Mosar agoen. Et gouf mat alle Concernéierte geschwat. Mir hunn hei probéiert, den Equilibre ze fannen a mir sinn och ganz bewosst hei de Mëttelwee gaangen. Mir hunn de Mëttelwee gesicht, fir souwuel den Demandé vun den Acteuren um Terrain nozekomme wéi awer och, fir d'Protektioun vun den Investisseuren an d'Kontroll vun de Risikoe weider sécherzestellen. Mir sinn zouversichtlech, dass heimat déi richteg Jalone gesat ginn, fir dass d'Finanzplaz och an dësem Segment kompetitiv bleift.

Ech kéim dann och kuerz op den zweete Volet vum Gesetzesprojet, deen als Objet huet, d'europäesch Reglement iwwert de Crowdfunding ze operationaliséieren. Lëtzebuerg begreift den europäeschen Text fir en harmoniséierte Kader an der EU, fir eeben eng nei Zort vu Finanzprestatairen ze reglementéieren, déi Crowdfunding-Service fir Entrepreneuren ubidden.

De Gesetzesprojet iwwerdréit dem nationale Finanzregulateur, also der CSSF dofir nei Attributiounen an och Pouvoiren, dat fir d'Surveillance vu Crowdfunding-Prestatairen ze assuréieren.

Et ass wichtig, dass Europa sech och an deem Domän en eenheetlech Reegeliwerk ginn huet, wat de Betriber nei Finanzmëglichkeete gëtt, Rechtssécherheet schaaft an den Investisseur schützt.

Här President, hei schléisst sech dann de Krees mam éischte Volet vum Gesetzestext. Mir moderniséieren eis Gesetzgebung, mir diversifizéieren eis Finanzplaz - ech mengen, dat ass ganz wichtig - a mir stäerken d'Kapitalmarchéen, wat och eiser Ekonomie zegutt kënn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, der Madamm Finanzministeresch Yuriko Backes. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7825. Den Text steet am Document parlementaire 7825<sup>3</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7825 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 54 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmmen ugehol.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

*Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### **6. 7861 - Projet de loi portant modification de la loi du 17 avril 2018 relative aux indices de référence**

Als nächste Punkt um Ordre du jour kënn de Projet de loi 7861 iwwert d'Referenzindizen.

D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi. A wie kéint dat anescht sinn? A mol net e Professer kéint et besser maachen ...

(Hilarité)

... wéi den honorabelen Här André Bauler.

**Plusieurs voix** | Oo!

#### **Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Här President, léif alleguer, no där do Remark soen ech elo léiwer näischt.

(Hilarité)

Wann ee Kontrakter a gewëssene Beräicher ofschléisst, da muss ee sech a verschidde Fäll drop eenegen, fir sech un externe Referenzen ze orientéieren. E ganz einfacht Beispill ass de variablen Zënssaz bei engem Immobilienkredit. Fir ze garantéieren, datt een de Marché suivéiert an net d'Bank just intern den Taux, den Zënssaz fixéiert, kann ee sech an deem Fall drop eenegen, fir en onofhängegen Indice de référence, e Referenzindex ze benotzen. Dësen Indice de référence gëtt da benotzt, fir d'Mensualitéiten ze berechnen.



Dat doten ass elo ee Beispill. Ech gi gärn nach aner Beispiller. Et gëtt natierlech eng etlech Fäll, an deenen d'Benotze vun esou engem Referenzindex, op englesch „Benchmark“ genannt, kann ubruecht sinn. Indices de référence ginn net just am Kader vu Finanzkontrakten an -instrumenter benotzt, mee och -fir dann e Beispill ze nennen -, fir d'Performance vun de Fongen ze berechnen, ze moossen.

Dat bedeit schlussendlech, datt Milliounen Kontrakter op esou Indicë baséieren. An do stellt sech d'Fro: Wat geschitt, wann esou en Indice de référence op eemol net méi weider fonctionéiere kann? Wien entscheet dann, no wat ee sech orientéiere muss? An dës Fro ass net just hypotheetesch, nee, si ass eigentlech ganz aktuell.

Här President, de Gesetzesprojet 7861, deen d'Gesetz vum 17. Abrëll 2018 zu den Indices de référence ofännert, huet Léisungen op dës Fro. De Projet ass den 22. Juli dat lescht Joer deposéiert ginn an e setzt dräi europäesche Reglementer ëm. Domat gëtt d'Reglement 2016/1011 iwwert d'Indices de référence ugepasst.

Als Alleréischts wëll ech awer nach konkret op de Fall agoen, deen déi hypotheetesch Fro, vun där ech elo virdru geschwat hunn, an eng reell Problematik ëmgewandelt huet. Et ass effektiv esou, datt de LIBOR, Ofkierzung fir London Interbank Offered Rate, den Ufuerderunge vu sou engem Referenzindex net méi gerecht ginn ass. Dat dote war eng diplomatesch Formulatioun, fir eeben net direkt ze soen, datt de LIBOR eigentlech e Skandal provozéiert hat.

Fir de LIBOR ze berechnen, goufen nämlech reegelméisseg bis zu 18 Banke gefrot, zu wéi engem Taux si géife Sue léinen, fir dann esou e Mëttelwäert an de fënnef geleefteste Wärdungen ze bestëmmen. Hei läit awer och schonn de Problem, also op gutt Lëtzebuerger gesot: Hei läit d'Kromm an der Heck, well sou konnten d'Banke relativ einfach de LIBOR manipuléieren. Dat ass dann och leider geschitt!

Den Deutschlandfunk - ech hunn dat emol eng Kéier an der internationaler Press nogelies - huet an deem Kontext gemellt, ech zitieren: „Über Jahre hatten Mitarbeiter mehrerer Grossbanken wichtige Referenzzinsen für das Geldgeschäft der Banken untereinander manipuliert und damit eigene Geschäfte befördert.“ Eng ganz grouss däitsch Bank huet missen an deem Kontext iwwer 2,5 Milliarden Dollar Strof bezuelen, well Mataarbechter solle gehollef hunn, fir de LIBOR ze manipuléieren.

Dowéinst brauche mer also um europäeschen Niveau Reegelen, déi et erlaben, en Indice de référence ze ersetzen, och wann déi eenzel Kontrakter dat net virgesinn. Mir sinn also drop beduecht, fir déi juristesche Onsécherheeten ze minimiséieren an esou déi finanziell Stabilitéit ze garantéieren, wann et drëm geet, de Gebrauch vun engem Indice de référence ze stoppen.

D'Zil ass et also, e Kader ze setzen, fir en Indice de référence, deen a Verruff geroode ass oder eventuell duerch aner Grënn gestoppt gëtt, duerch e besseren, zuverlässigen Indice ersetzen ze kënnen, en Indice, deen anescht berechent gëtt a wou d'Administratioun sech un d'Reegelen halen.

Dowéinst ass d'Kontroll vun dese Reegelen immens wichteg. Am Kader vun engem weideren europäesche Reglement gëtt déi europäesch Autoritéit vun de Finanzmäären mat der direkter Iwwerwaachung vun de wichtegen Indicen an hiren Administratioun beoptraagt. Zousätzlech wäert dës Autoritéit och déi auslännesche Indicen unerkennen, wa se de Krittären entsprechen. Dës Ännerungen triede retroaktiv op den 1. Januar vun deem Joer a Kraaft. Iwwerdeems ginn d'Sanktiounen, wéi se am Artikel 4 vum Gesetz

zu den Indices de référence stinn, duerch dese Projet erweidert. Weider Detailler fannt Der wéi gewinnt am schrëftleche Rapport.

Zu den Avisen. De Staatsrot huet a sengem Avis vum 17. Dezember zejoert keng formell Oppositoun ausgeschwat. En huet sech drop beschränkt, e puer kleng Remarken ze maachen.

Och d'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum 24. September zejoert keng Commentaire formuléiert a stëmmt also dem Gesetzesprojet zou.

Fir d'Detailler verweisen ech op déi zwee Avisen.

Och, léif alleguer, wa keng gréisser Ännerungen hu missen en cours de route gemaach ginn, soen ech der Madamm Finanzministesch an hiren Ekippen Merci fir d'Erklärungen, déi si eis an der Cofibu ginn hunn. An ech soen och mengem Attaché, dee mer bei der Redaktioun vun deem Rapport gehollef huet, hei mol eng Kéier Merci.

Dir Dammen an Dir Hären, et soll ee Gesetzter net no hiren Gréissten, no der Längt vum Text bewäerten. Och wann dat hei e klengt Gesetz ass, ass et en immens wichtegt Gesetz, dat hoffentlech eng breet Zoustëmmung fënnt. Op jidde Fall gëtt d'DP-Fraktioun elo schonn den Accord zu deem Text.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, dem Här Rapporteur André Bauler.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Merci och nach eng Kéier dem Rapporteur: jamais deux sans trois.

Et ass schued, datt mer de Mëtten net nach e véierte Projet hunn, soss hätt den Här Rapporteur de Grand Chelem gemaach, wéi een dat am Tennis nennt. Mee dat kënnt da vläicht eng Kéier bei enger nächster Geleeënheet, Här Rapporteur.

Ech kann och soen, datt mer direkt eis Zoustëmmung zu deem Projet wäerte ginn. De Rapporteur huet beschriwwen, ëm wat et geet. Duerfir brauch ech net méi dorop anzegoen.

Ech wollt awer vun deem Gesetz profitéieren, fir nach eng Kéier eng generell Remark ze maachen, well an deem Gesetz jo vill rieds geet vun de Kompetenzen vun där sougenannter AEMF, Autorité européenne des marchés financiers, déi jo duerch desen Text, wéi gesot, eng ganz Rei vun zousätzlechen Kompetenzen wäert kréien. A virdun ass geschwat ginn, Madamm Ministesch, vu Büfdeck verkafen oder verteidegen, an ee vun deene gréisste Riske fir eis Finanzplaz ass, datt mer riskéieren, ëmmer méi Kompetenzen vun eisen nationale Regulateuren un europäescher ofzeginn.

Mir hunn déi europäesch Zentralbank, mir hunn elo hei d'AEMF, mir hunn d'EMA, d'EBA an et mierkt een, wann een déi Texter allkéiers liest, datt et awer esou lues a lues zu engem Transfert vu Kompetenzen vun nationale Regulateuren un den europäesche geet. Dat gesäit ee ganz besonnesch och an der Fongenindustrie, bei der EMA. An do ass ëmmer en Hannergedanken derbäi: nämlech den Hannergedanken, datt sech den Zentrum, ganz besonnesch wat d'Fongegeschäft ubelaangt, Richtung Paräis géif entwéckelen, well Paräis sech och wëllt zu engem groussen Fongestandard erop schaffen.

An do muss een also ganz, ganz wachsam sinn! Et geet also net nëmmen ëmmer drëm, fir elo ze kucken, wat an den eenzelen Texten esou direkt fir Lëtzebuerger erauskënnt oder net, mee hei ass esou eng schlächend Geför. An ech mengen och, Madamm Ministesch, Äre Virgänger an och Är ganz Administratioun ass sech och där doter Geför bewosst. Mir mussen also alleguerten déi Texter ëmmer ganz genau kucken an et ass wichteg, datt déi weesentlech Kompetenzen awer ëmmer bei deenen nationale Regulateuren bleiwen an net alles bei déi europäesch Zentralinstanz geet.

Dat gesot, nach eng Kéier, bréngen ech hei den Accord vu menger Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Dan Biancalana.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Ech wëlt och hei dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Ech mengen, en ass op eng ganz Rei Elementer a sengem Rapport agaangen. An am Fong sierge jo déi nei Modifikatiounen, déi mer haut hei stëmmen, fir eng Maximiséierung vun der finanzieller Stabilitéit. A mir wësse jo och, dass dës Evolutioun, déi mer hei stëmmen, sech mat deenen Elementer effektiv an de Kontext aschreift vum sougenannte LIBOR-Skandal. An et muss ee virun Aen hunn, dass dat am Fong e weltwirtschaftlechen Schued mat sech gedroen huet vu 15 Milliarden. Iwwer 9 Milliarde Strofe si bezuelt ginn an och eng Rei Prisongsstrofe goufe geschwat. An ech mengen, dës Gesetz dréit also zu enger transparenter an och stabiler Finanzpolitik bäi, an dee Moment ginn ech dann och hei den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Biancalana. An da geet d'Wuert weider un den honorabelen Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo. Villmools merci, Här President. Ech wëll och dem Rapporteur villmools Merci soen. An ech ginn heimat den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. An da geet d'Wuert weider un den honorabelen Här Roy Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus merci un de Rapporteur. Ech mengen, de Bierger dobaussen, deen Äre Rapport gelauschert huet, weess ganz genau, ëm wat et geet, an dat bei engem techneschen Text. Felicitatioun! Chapeau! Gutt gemaach! An d'ADR wäert deen Text da selbstverständlech matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Reding. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President.

Merci dann och nach eng Kéier un de Rapporteur, deen dann haut en Hattrick gelant huet, nämlech dräi vun dräi getraff.

Mir Piraten sinn averstane mat der AEMF. Mir fannen dat wichteg an néideg an dofir gi mir eisen Accord. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert. D'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Dat maachen ech vläicht wéi déi aner a schwätzen och



vun hei. Merci nach eng Kéier dem Rapporteur fir seng exzellent Aarbecht och op dësem Projet an där ganzer Chamber fir d'Ennerstëtzung.

Ech mengen och, dat heiten ass eppes ganz Wichtiges, wou mer eis eens sinn, dass et wichteg ass fir eis Finanzplaz. An dofir soen ech Iech Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht a fir d'Zoustëmmung, le moment venu, dann hei.

Och wat d'Surveillance ugeet - ech mengen, dat sinn Diskussiounen, déi mer en permanence féieren, Här Mosar, Dir hutt et soulevéiert -, si mer eis eens. Mir sinn eis d'äers ganz bewusst. Verschidde Saachen, fanne mer, kënne mer besser mat eisen nationalen Autoritéite maachen an der Surveillance. Et muss net alles besser vu Paräis aus oder soss anzwousch gemaach ginn. Mir sinn eis där Problematik ganz bewusst a mir kucken dat och ëmmer ganz am Detail. An ech kann Iech och vergewësseren, dass dat mat mir net wäert vill anescht sinn.

Voilà! Ech mengen, et huet kee Wäert, dass ech elo nach weider an d'Detailer ginn. Den Här Bauler huet alles wirklech perfekt erkläert. Ech soen Iech Merci fir déi exzellent Zesummenaarbecht mat der Cofibu, par le passé an, ech mengen, och an Zukunft. A vun dëser Plaz géif ech dann och wëlle menge Kollaborateuren am Finanzministère, déi eng exzellent Aarbecht maachen op all deene Projeten, e grouse Merci soen.

Merci Iech.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, ...

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | ... der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7861. Den Text steet am Document parlementaire 7861<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7861 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentionen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes et Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 7. Heure d'actualité du groupe politique CSV sur la perte du pouvoir d'achat des ménages

D'Chamber féiert haut de Mëtteg eng Aktualitéitsstonn iwwert de Verloscht vum Pouvoir d'achat, déi d'CSV-Fraktioun ugefrot huet. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Gilles Roth als Vrieder vun der CSV-Fraktioun. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här André Bauler, d'Madamm Cécile Hemmen, den Här François Benoy, den Här Fred Keup, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Sven Clement.

Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

**M. Gilles Roth (CSV)** | Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären ... Och Madamm Minister, wëllkomm an der Chamber! Et ass Ären éischten Optritt haut de Mëtteg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Energiepräisser explodéieren an d'Regierung kuckt no. „Mir loosse keen am Ree stoen“, gëtt de Premier net midd ze soen. Abee, dës Regierung léisst d'Leit äiskal an der Keelt setzen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

(Brouhaha)

**M. Gilles Roth (CSV)** | Jo, jo.

**Une voix** | O!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Dozou, ...

(Brouhaha)

... jo, jo, dozou zwee Beispiller.

Een Tank fir den Auto, Diesel, den 31.12.2020, also Silvester 2020: 50 Liter, 50 Euro. Haut, dee selwechten Tank Diesel: 50 Liter, 75 Euro. E Plus vu 50 %!

Heizungsmazout. 59.000 Stéit hei am Land heize mat Heizungsmazout, 4.000 Liter en Tank. Den 31.12.2020: 1.824 Euro. Haut, mat den neie Präisser vu gëschter: 3.704 Euro. Dat ass e Plus vun 1.900 Euro, vu méi wéi 100 %!

Dir Dammen an Dir Hären, d'Präisdeierecht - dat wëll ech domadder soen - geet bis wäit an d'Mëttelschicht vun de Leit eran, an d'Regierung stécht de Kapp an de Sand. A Frankräich, an der Belsch, iwwerall an Europa agéiere se, an déi hu Milliounen Leit ze geréieren, an net e Vollek vu 650.000 Awunner!

An déi Präisdeierecht, Dir Dammen an Dir Hären, concernéiert net nëmmen d'Bierger am Land. Ech mengen dass de Gros vun eis heibannen den Hëllefsschrei vun de Betriber, a besonnesch vun dem Horeca-Secteur d'lescht Woch duerch d'Wuert vun hirem Generalsekretär, dem Här Koepp, um 08.10 Auer op RTL awer héieren hunn. D'Betriber, besonnesch den Horeca, hunn eng Pandemie ze geréieren zënter zwee Joer: op, zou, op, zou. Si wësse selwer net méi, wat ass.

Déi hu Käschen. Déi hu manner Clienten. Si hu manner Émsaz. A si hu virun allem vill méi héich Energiepräisser. An ech mengen, dass den Här Koepp seng Wieder ofgewien huet, wéi e gesot huet vun der Regierung: „Dat do ass Inaktivismus an dat ass scho bal eng Frechheet.“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat do, dat packen d'Leit net méi laang. An dat kann och net esou

virugoen. Eent vun den Haaptargumenter, firwat et esou ass, dat ass, dass d'Leit net nëmmen d'Energiekäschen ze droen hunn, mee dass se nach zousätzlech héich Liewensmëttelkäschen hunn, wa se an de Supermarché ginn oder soss enzwousch. Wat hunn d'Leit nach zousätzlech? Si hunn och Assurancëprimmen: 15 %.

D'lescht Joer, wéi mer dat mat den Iwwerschwemmungen an enger Aktualitéitsstonn thematiséiert hunn, nach doiwwer am Cercel, ass gesot ginn: „Et ass alles ënner Kontroll. Et ass kengem eppes geschitt. Mir ware gutt. Et war alles tiptopp.“ Wat ass geschitt? Jo, d'Assurancen hu bezuelt, 300 Milliounen a méi. Mee d'Leit kréien elo d'Quittung: 15 % méi Assurancëprimmen. Wësst Der, wat dat heescht bei engem Haus? Doheem bei enger Famill? Wat dat fir e Plus ass?

An da komme jo net nëmmen d'Assurancëprimmen. Da kënnt nach dat ounihin deiert Wunnliwien, dat d'Leit hunn. Déi héchste Präisser. Gëschter hu se an enger Zeitung an der Belsch Präisser fir Appartementer bis ronderëm Bréissel ugin: 300.000, 400.000 Euro. Vergläicht dat emol mat hei; do ass et ëm d'Millioun.

Mee wéi sollen d'Leit dat do mam Loyer a mat hiren Schold nach stemmen? An den Haaptproblem, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee gëtt jo guer net ugeschwat - mir hunn en thematiséiert iwwer Méint, iwwer Wochen, iwwer Joren -, dat ass déi Netberengegung vun der Inflation um Niveau vun der Steiertabell. Dat heescht dat.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Well domat gëtt de Leit künstlech d'Kafkraaft entzunn.

An ech ginn Iech e kloert Beispill. Ech war selwer erféiert, wéi ech dat iwwert de Weekend gekuckt an nogerechent hunn. Mir hunn 298.000 Stéit a Steuerzueler hei, déi zu Lëtzebuerg usässe sinn. Wësst Der, dass vun deenen 298.000 - Dir kënnt et noliesen am Avis vum CES - der iwwer 150.000 e marginale Spëtze-steiersaz vun iwwer 40 %, Solidaritéitssteuer abegraff, bezuelen? Iwwer 150.000 Stéit! Wësst Der, wat dat heescht? Dat heescht, dass eng alengerzéiend Persoun, déi en Nettoakommes vun 3.100 Euro de Mount huet - do ass se zu Lëtzebuerg nach net mat Zoossiss ugestréckt -, bei enger nächster Indexbranche, wa se da kënnt, 100 Euro bäikritt, well se dës op de Bruttoloun vu ronn 4.000 Euro gerechent kritt. Vun deenen 100 Euro ginn der 40 an d'Steieren.

An da kënnt nach d'sozial Laascht, wa se Loun- a Gehaltsempfänger ass. Déi muss se och nach bezuelen. Den Independant bezilt dat Duebelt. Da bezilt se do nach eng Kéier 12, 13 Euro op déi 100 Euro derbäi. Dat heescht, déi Persoun, alengerzéiend, 3.100 Euro, mat alle Chargen, plus Wunnegeld, wat nach op se zoukënnt, déi huet vun deenen 100 Euro, déi se bäikritt, manner wéi d'Hallschent. An ech hunn Iech virdrun de Präis gesot, wat de Surplus ass eleng bei enger Tankfëllung: Eleng bei enger Tankfëllung e Plus vu 25 Euro um Niveau vum Spritt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Steiertabell muss adaptéiert ginn. Ech weess net. Do kommen Einzelner a soen: „Dat do ass d'Politik vun der CSV, mat der Strenz.“

(Interruption)

Jo, mee et ass schonn eng Kontradiktioun a sech selwer, fir dat ze soen. Well mir hunn eng Steiertabell! Dat ass jo net e lineairen Taux, mee dat ass eng progressiv Steiertabell. Dat heescht: Wat Der méi Akommes hutt, wat Der méi Steiere bezuelt. A fir dann ze soen, dat wier eng Politik vun der Strenz, mee dat ass eng Kontradiktioun!



An da soen ech Iech awer ganz éierlech: Ech hu léiwer, dass dann d'CSV ënnerstallt kritt, mir géife mat der Strenz de Leit hir Kafkraaft zrëckginn, wéi dass Rout-Blo-Gréng mat dem Industriestaubsauger de Leit d'Suen aus der Täscht hëlt, fir dann zéng Méint virun de Wale blo-rout-gréng gefierft ideologesch Gadgeten auszedeele.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Dat ass net d'Politik, ...

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi mir als CSV wëllen.

*(Interruption par M. Fernand Kartheiser)*

Dat ass d'Politik, déi och e groussen Deel ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, erlaabt ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... vun de Leit ...

**M. Fernand Etgen**, Président | ... Der, datt den Här Kartheiser ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... net wëll.

**M. Fernand Etgen**, Président | ... Iech eng Fro stellt?

**M. Gilles Roth** (CSV) | Paus. Mee Dir stoppt!

*(Hilarité)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | O, ech si ganz kuerz, Här Roth!

*(Interruption)*

U sech, Här Roth, freeën ech mech wierklech iwwert dat, wat Der sot. Mee ech hunn eng Erënnung - do kënt Der mer warscheinlech hëllefen -, datt mir hei viru Kuerzem als ADR eng Motioun haten, an där mer gesot hunn: „Mir müssen d'Steiertabell erëm automatesch un den Index upassen.“ An d'CSV huet do dergéint gestëmmt. An Dir hutt mer gesot: „Nee, et ass CSV-Politik, mir hunn dat do ageféiert.“ Mee wat hätt Der dann elo gär? Wëllt Der dann elo op dee Wee goen, datt mer d'Steiertabell upassen, wéi Der et hei priedegt? Oder bleift Der bei Ärer Politik, déi u sech déi selwecht ass wéi déi, déi Der elo Gambia virwerft: datt Der nämlech elo an e puer Méint dann op Decisioun vun der Regierung kënt Kaddoe verdeelen?

Ech verstinn déi dote Positioun net. Erkläert se, wannechgelift.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mee dat ass ganz einfach, Här Kartheiser: Dir beweegt Iech - also dat verdäitlecht Iech - ëmmer méi op den extreeme Bord vun der Parteielandschaft zu Lëtzebuerg. Mir sinn ...

*(Interruption par M. Fernand Kartheiser)*

... d'Partei vun der Mëtt. A wann Der mer nogelauschtert hutt, dann hunn ech net gesot: „eng automatesch Indexupassung“. Ech hu geschwat vun enger Indexberengung. An dat ass déi Politik ... Jo, jo, jo, dat ass e subtilen Ënnerscheid.

An dat hunn ech deemools och am Kader vun där Motioun vun Iech, Här Kartheiser, gesot. Ech hunn u sukzessiv Regierungen erënnert - dat war mat LSAP-Bedelegung, dat war mat DP-Bedelegung -, dass an der Zäit net automatesch eng Indexupassung komm ass, mee dass no enger Zäitchen, enger Period vun dräi bis fënnf Joer, gekuckt ginn ass: Wat misst dann d'Indexberengung sinn? An dann ass dat an d'Steiertabell agefuert ginn. Dat ass de subtilen Ënnerscheid zwëschen deem, wat Dir gefuerdert hutt, an deem, wat d'Positioun war vu sukzessive Regierungen a wat ech Iech och deemools geäntwert hunn.

Sou. Da fuere mer elo virun.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Et gëtt jo gefrot: Majo, wat sinn dann Är Proposen, Här Roth? Wat ass dann d'Propos vun der CSV?

Ma mir hunn dëser Chamber an och dem Lëtzebuerger Land an dëser schwieriger Situatioun véier konkret Proposen ze maachen. Ech gi kuerz drop an.

Vu déi héich Energiepräisser fir d'Hëtzes si mir der Meenung, dass dat eng drastesch Mesure ass, mee dass ee soll zäitlech limitéiert e Plafonnement vun de Präisser maache fir d'Hëtzes - dat ass de Gas an dat ass och de Mineralöl, dat heescht den Heizungsmazout -; beim Heizungsmazout, stelle mer eis vir, zum Beispill 0,95 Euro. Dat si 95 Cents. Dat ass lichter iwwert deem, wat mer de Moment hunn.

Elo sot Der: „Firwat maacht Der dat?“ Mee fir dass d'Leit Previsibilitéit kréien. „Wéi maacht Der dat?“ Ma mir stellen eis vir, dass dat änlech wéi am Frankräich funktionéiert, wou se dat agefuert hunn an hirem Budget vun 2022 duerch en Amendement, deen an der Assemblée Nationale gestëmmt gouf, nämlech, dass wann de Präis vun 0,95 Euro pro Liter erreecht gëtt, déi Taxen op den Heizungsmazout, déi de Staat erhieft, successiv parallel erofgesat ginn. Domat huet een e gewëssene Puffer.

An ech soen Iech och, firwat mer fir esou eng drastesch Mesure stinn: Aus deem ganz einfache Grond, well op dem Heizungsmazout jo net nëmmen Akzisen, net ganz vill, gefrot ginn. Et gëtt net nëmmen eng CO<sub>2</sub>-Steier nach zousätzlech gefrot, nee - an dat ass de Clou! -, et ginn nach zousätzlech zu all deem 14 % TVA vum Staat gefrot. Dat heescht am Kloertext dat, wat ech Iech virdru gesot hunn, dass een haut, wann een en Heizungstank mat 4.000 Liter Mazout vollmécht, een dann net nëmmen 3.704 Euro bezilt. Dat ass méi wéi zwou Bauererenten, an d'Leit um Land wëssen, wat dat ass. Dat heescht, bei deenen zwéi Leit, déi hiert ganz Liewe geschafft hunn an zwou Bauererenten hunn, geet de Verdéngscht, d'Akommes vun deem Stot vun engem Mount, just an d'Hëtzes. Dat muss ee sech emol virstellen, fir dee Rapport ze hunn!

Mee ech soen Iech ganz éierlech: Weeder ech selwer nach d'CSV fannen et normal, dass an deenen Zäiten, bei esou héije Rostoffpräisser, de Staat nach 14 % TVA dropklappt. Dat heescht bei deenen 3.704 Euro, do sinn Akzisen abegraff, do ass d'CO<sub>2</sub>-Steier abegraff, an et sinn nach net ...

*(Hilarité)*

... abegraff: 454 Euro - ech widderhuelen et nach eng Kéier: 454 Euro - TVA. Zënter gëschter Owend. Dat muss ee sech emol virstellen! Et kann dach net sinn, dass eigentlech, wann d'Leit esou belaascht sinn, dann de Staat u steigende Mazoutspräisser nach zousätzlech drop verdéngt. Dat ass d'Ursach, firwat mer zu deem Plafonnement do stinn.

Zweite Punkt: Dat ass eng Upassung, schrëttweis, un d'Inflatioun vun der sougenannter Kilometerpauschal. Wat ass d'Kilometerpauschal? Ech wëll Iech dat einfach erklären: Dat ass déi steuerlech Begëschtegung, déi ee kritt, fir den Displacementspräis auszegläiche vu sengem Wunnuert - dat heescht vun do, wou ee wunnt - op seng Aarbechtsplaz. 1990 ass dat agefuert ginn. Et ass e Montant, deen, an Euro ausgedréckt, zënter 1990 op 99 Euro pro Kilometer pro Joer fixéiert ass.

Während deene leschten 22 Joer ass dee Montant ni ugepasst ginn. Wann een dee just un d'Inflatioun géif upassen, wësst Der, wat déi 99 Euro pro Joer pro Kilometer da wieren? Dat wieren 174 Euro pro Kilometer pro Joer. Et ass esou, dass déi éischt véier Kilometer, dat heescht fir déi Leit, déi no ronderëm

d'Stad wunnen, net a Betruecht gezu ginn. Dat heescht och, dass een iwwer 30 km Distanz näischt méi vu Steuerbegëschtegung kritt. Dat heescht, de maximale Montant si 26 km, déi kënnen a Betruecht gezu ginn.

Dat heescht, dass een, deen zu Wolz wunnt, de Moment 2.500 an eppes Euro vun der Steuer pro Joer kann ofsetzen. Wann d'Inflationsberengung op deem Montant geschitt wier, da kéint deen net 2.500, mee 4.500 Euro pro Joer ofsetzen. Also e gudden Ënnerscheid weider.

Mir sinn eis awer och bewosst, dass dat do e grouse finanziellen Dechet fiscal bedeit. An duerfir hu mer déi Propos gemaach fir ze soen: Mir wëllen dat schrëttweis upassen. An eng éischt Phas wier, vun 99 op 125 Euro pro Kilometer pro Joer an d'Luucht ze goen. Wann een dat géif op seng Lounsteuerkaart - een, dee géint Loun a Gehalt schafft - aschreiwien, da géif dat heeschen, dass déi Persoun 100 Euro de Mount weider netto hätt, wat eng beträchtlech Zuel wier.

Drëtte Punkt: Kilometergeld, dat ass déi Entschiedung, déi ee kritt vu sengem Patron, wann ee sech professionell fir de Patron deplacéiert. Da geet déi vun 0,3 op 0,4 an d'Luucht. Déi ass ënnert der kopernikanescher Finanzrevoloutioun 2015 vum Här Gramigna ...

*(Hilarité)*

... erofgesat ginn. Ech mengen, dat war déi falsch Decisioun. Dat hu mer deemools och gesot.

An de véierte Punkt, de leschte Punkt, ass deen: Mir hätte gären eng Upassung vun de Referenzwäerter, fir an de Genoss vun engem Deierechtszouschlag ze kommen, dat heescht, enger sougenannter Allocation de vie chère. Mir hätte gär, dass déi ëm 20 % an d'Luucht geet. Wat heescht 20 %? De Moment kënt eng elengsteend Persoun an de Genoss vun engem Deierechtszouschlag, wa se de soziale Mindestloun fir Netqualifizierter verdéngt. Mir sinn der Meenung, dass een an dësen Zäiten, fir d'Joer 2022, als Referenzwäert fir déi eenzel Persoun, sollt de Mindestloun fir Qualifizierter huelen, an dee läit ëm 20 % méi héich wéi dee fir Onqualifizierter.

Well dat eng Staffellung ass an der Tabell vun der Allocation de vie chère, déi an d'Luucht geet, jee nodeem, wéi vill Leit een an engem Stot wunnen huet, géif dat fir eng Famill mat zwéi Kanner, dat heescht véier Leit an engem Haushalt, bedeuten, dass déi bei engem Akommes vu ronn 4.400 Euro netto pro Mount och nach géif eng Entschiedung kréie vun 2.891 Euro pro Joer.

Elo sot Der: „Ass dat vill?“ Ech hunn Iech virdru gesot, wat déi Famill weider bezilt: 1.900 Euro, fir de Mazoutstank vollzemaachen. Ech mengen, dass dee Montant justifizéiert wier.

Dat sinn déi véier Proposen, déi mir wollte maachen.

Duerfir ofschléissend, Här President: D'Ofsicherung vun der Kafkraaft ass kee Kaddo, mee déi verdammte Pflicht vun der Politik! Mat der Kafkraaft zerbrécht net just d'Mëttelschicht, mee och de ganze Lëtzebuerger Modell. Politik fënnt an der Wierklechkeet statt, am Alldag vun de Leit: Op der Pompel, wann d'Strouman d'Gasrechnung kënn, wann de Mazout geliwwert gëtt, an der Keess vum Cactus, am Schongbuttek fir d'Kanner, an der Apdik, wann een den Houscht huet. An net an der ideologescher Parallellwelt vu Blo-Rout-Gréng.

Mir brauchen elo e klore Kurswiessel vun dëser Regierung. E klore Kurswiessel méi a Richtung Kafkraaft. Duerfir: Et geet elo duer mam Nokucken! Et



geet duer mam „Verschiebebahnhof“ vun der Verantwortung. D'Politik ass ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, erlaabt Der, ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... elo ...

**M. Fernand Etgen**, Président | ... datt den Här Cruchten Iech eng Fro stellt?

**M. Gilles Roth** (CSV) | Wann ech fäerdeg sinn, jo. D'Politik ass elo gefuerdert. Et heescht net just, de Mëttelstandsbockel op de Plakater ofzebauen, wa Wale sinn. Et heescht, elo ze handeln.

Als CSV ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... wëlle mir duerfir d'Schëllere vun eiser Mëttelschicht am Alldag entlaaschten a si erëm fit maache fir muer. An als CSV wëlle mir och konstruktiv eng Hand matupaken. An eis Offer steet.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. An da ginn ech dem Här Cruchten d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo. Merci, Här President. A merci och, Här Roth, dass Der mer erlaabt, Iech hei e puer Froen ze stellen. Et si mer der elo an Ärer Ried eng ganz Partie agefall, déi ech Iech géif stellen.

Mee ech probéieren elo mol einfach ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Dir sidd dach ageschriwwen. Mir sinn net an engem Interrogatoire! Dir sidd dach ageschriwwen, ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, ech hunn ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... fir herno ze schwätzen.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Loosst mech emol meng Froe stellen. An ech wëll Iech guer net schlecht. Ech hätt just gär, dass Der mer et nach eng Kéier géift erklären, ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... well Dir hutt hei véier Propose gemaach, déi allegueren iergendwéi, wann ech Iech nolauschteren, och allichtend sinn.

Dir proposéiert e Plafonnement vun den Energiepräisser op engem héijen Niveau, dee mer awer am Moment ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... hunn. Dir proposéiert eng Upassung vun der Kilometerpauschal, also dat, wat mir d'„frais de déplacement“ nennen. A wa mer dat also änneren, wär dat jo da fréistens fir d'Joer 2023.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Neen. Wann Der dat elo ännert, dann ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | A wann Der ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Wann ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... d'Kilometergeld ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... Der dat elo ännert, zielt dat fir d'Steierjoer. Ech äntweren Iech ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... a wann Der, a wann Der d'Kilometergeld ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... maacht vun 0,3 op 0,4, dann ass jo och net grad jiddwereen am Land, deen dovunner profitéiert. Et sinn eng Partie Employéen, déi dat vun hirem Patron zegutt hunn, ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | notamment déi, déi fir de Staat schaffen, mee awer aner Leit net. An Dir frot eng Upassung vun de Referenzwäerter bei der Allocation de vie chère. Do ass et jo ... Wann ech Iech richtig verstinn, frot Dir, dass de Cercle de bénéficiaires vun där Primm ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... méi grouss gemaach gëtt. Awer un der Primm selwer wëllt Der näischt änneren. Dat heescht also, dass déi Leit, déi mat niddregem Akommes hei zu Lëtzebuerg sinn, vun Äre véier Proposen iwwerhaupt näischt hunn! Et ass net eng vun deene Proposen, vun där si wäerte beneficiéieren!

(Interruptions)

Et sief dann, dass ...

(Interruptions)

Jo, also ech ...

(Interruptions)

Neen, ...

(Interruptions)

Dir ...

(Interruptions)

Ech ginn Iech Recht! Ech ginn Iech Recht. A mir kommen herno vläicht nach an der Diskussioun dorobber zrëck, dass mer eng Kéier mussen iwwert déi Instrumenter schwätzen, déi mer hunn. Do ass jo d'Allocation de vie chère eent vun deenen eenzegen. Do musse mer och eng Kéier driwwer schwätzen, ob dat duergeet an ob mer do net nei Instrumenter brauchen. Mee dat doten, déi véier Proposen, déi Dir maacht, déi sinn alleguerte geduecht fir Leit, fir eng ... dovun profitéiert eng Mëttelschicht an och e Groussverdänger.

(Interruptions)

Awer déi mat niddregem Gehalt profitéieren ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Sou.

(Interruptions)

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... vun deene véier Proposen iwwerhaupt net.

(Interruptions)

Ma dach!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Also, ...

**Une voix** | Jo.

(Coups de cloche de la présidence)

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... zwou Saachen. Fänke mer bei där éischter Propos un: Wa mer mat enger Deckelung vun den ..., wat jo en exzeptionellt Instrument ass, wat awer menger Usicht no - an dat hu mer nogekuckt - zu Lëtzebuerg rechtlech geet. Ënner anerem gesäit d'Gesetz iwwert d'Konkurrenzrecht d'Méiglechkeet vir, an Extreemsituatiounen de Präis vu verschiddene Gidder - an ech mengen, hei sinn och d'Energiegidder dran - deckelen ze kënnen. Ech mengen, dass dovunner jiddweree profitéiert, de Mindestlounbezéier wéi och aner Leit, déi mat enger Mazoutsheizung fueren.

Zweite Punkt: Dat ass dee vum Kilometergeld. Jo, selbstverständlech beneficiéieren dovunner déi Leit, déi am öffentliche Dénsgscht schaffen. Mee et beneficiéieren och déi Leit dervun, déi privat schaffen. Well wat ass den Ënnerschied? Wann Der haut e Patron hutt, deen Iech méi gëtt ewéi déi 0,3 - zum

Beispill 0,5 -, da gëtt den Ënnerschied zwëschent 0,3 an 0,5 als Avantage en nature consideréiert. An dann ass e versteierbar.

Zu dem drëtte Punkt vun der Kilometerpauschal: Do profitéiert jiddwereen dervun. An ech mengen, dass déi Persoun, déi 3.100 Euro netto hei am Land huet als Alengerzéier, net onbedéngt zu den Happy Few vun der Akommeskala hei am Land zielt.

An dee leschte Punkt ass dee mat der Allocation de vie chère. Jo, mir wëllen en Elargissement vun de Beneficiairen, dat heescht vun deene Leit, déi kënnen an de Genoss kommen. Ech weess och: Mir hunn - dat ass den Ënnerschied zwëschent enger Regierungspartei an enger Oppositionspartei - eng Regierungspartei, déi mëttlerweil en Apparat vun Dausende Beamten huet. Déi kënnen ... An zielt emol eng Kéier déi op der Steierverwaltung, plus Enregistrement, plus Douane zesummen. Zielt emol eng Kéier déi Leit, déi an dem Familljeministère plus op der Kanner-geldkeess schaffen. Mir hunn déi Donnéeën net.

(Interruption)

Wann Dir awer gären hätt - an dozou sti mir -, dass parallel zu den Erweiterunge vun dem Cercle des bénéficiaires och de Montant an d'Luucht gesat sollt ginn ..., ma mir wiere jo blöd, wa mer dat net géifen akzeptéieren!

Mee mir hätte just gären - da ginn ech Iech dat zrëck, Här Cruchten! -, dass Dir als Fraktiounspräsident vun enger vun de Majoritéitsparteien net mir hei Froe stellt, mee stellt déi der Regierung stellt a maacht kloer Propositionen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Wat mir gären hätten?

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Selbstverständlech, ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Déi wäerten nach kommen, Här Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... selbstverständlech ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Déi wäerten nach kommen!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ech weess, dass Der schlecht dru sidd, well Der näischt gemaach hutt bis elo.

(Brouhaha)

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Iwwerhaupt net. Dir sidd ...

**Une voix** | O!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Iwwerhaupt net schlecht drun! Well Dir sidd schlecht drun! Dir maacht hei Proposen net fir all Mënsch; Dir maacht hei Propose fir déi, déi scho gutt verdéngen. Mee ...

(Brouhaha)

... ech ginn Iech Recht, dass den ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Neen.

(Brouhaha)

Neen, neen.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dach, ech ginn Iech Recht, dass de Problem e breeden ass ...

(Interruption par Mme Martine Hansen)

... an dass mer och musse méi breet goe wéi dat, wat mer bis elo ...

(Coups de cloche par la présidence)

... gemaach hunn. Mee dat wat Dir maacht, mécht kee Sënn.



**M. Gilles Roth** (CSV) | Also. Also wat mir maachen, mécht kee Sënn? An d'Leit hunn dat matkritt. Ech hunn Iech just gesot, dass mat deene Präisser, mat deenen héijen Energiepräisser, déi mer elo hunn, ech net weess, wéi déi Leit mat niddregem Akommes d'Enner zesummekréien.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mee gleeft mer es: Net nëmmen déi Leit, déi fir de Mindestloun schaffen - ob dat de qualifizierten oder den onqualifizierten ass -, mee virun allem och déi breet Mëttelschicht am Land ass mat deene Präisser hei konfrontéiert. A fir déi Leit wëlle mir als CSV och eppes maachen. An et ass dat, firwat eis Propose sinn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth.

An als éischte Riedner ...

(Brouhaha)

... ass den honorabelen Här André Bauler agedroen.

**M. Gilles Roth** (CSV) | An iwwregens, den OGB-L ass mat eise Proposen och d'accord!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, Dir hutt d'Wuert net méi.

**Plusieurs voix** | O!

(Interruptions)

Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President, ...

(Brouhaha)

... dat ass ganz gentil!

Léif alleguer, d'Inflatioun, déi mer am Moment erliwien, muss een evidenterweis an hire spezifesch Kontext setzen. Mir erënneren eis: Enn Februar 2020 - et sinn elo just zwee Joer hier - huet eis eng sanitär Kris batter getraff. D'Aktiemaert sinn am Februar - nee, pardon: Fréijoer, géif ech éischter soen - agebrach. Net direkt am Februar. Verschidde Wuere goufen op eemol net méi kaf. D'Leit hu sech awer an der Panik op gewësse Produkter gestierzt, denke mer u verschidde Liewensmëttel wéi Miel, Räs an Nuddelen an - esou banal dat och kléngt - besonnesch un den Toilettepabeier. Duerch de Lockdown sinn d'Pétrolspräisser agebrach. Ech ka mech nach gutt drun erënneren, dass de Mazoutspräis wäit ënnert dem Duerchschnitt vum de leschte Joren op ënner 40 Cent gefall ass!

D'Reprise vun 2021 war zolidd - besser wéi erwaart -, an d'Präisser hunn nees ugezunn. Et dierf een also d'Energiepräisser vun haut - déi natierlech ganz héich sinn - net mat 2020 vergläichen, mee et muss ee se mat 2019 vergläichen.

D'Inflatioun, déi eis de Moment beschäftegt, ass e Cocktail, géif ech gäre soen, vu méi Ursaachen: d'Energiehaussé bei Pétrol a bei Gas; Liwwerenkpäss de tous genres; d'Mobilisatioun vun der onfräiwëlleger Epargne während der Kris; an och déi relativ labber Geldpolitik vun der EZB, déi an der akuter Phas vun der Kris derfir gesuergt huet, dass d'Wirtschaft net zesummegebrach ass. An och déi aktuell geopolitisch Spannungen droe sonner Zweifel dozou bäi.

D'Inflatioun trëfft besonnesch déi Mënsche mat dem niddregsten Akommes. Ech denken, do si mer eis eens. Fir och a grad hinnen ze hëllefen, si verschidde sozial Moossname geholl gin. an dat net zanter gëschter an

haut, mee schonn iwwert déi lescht Joren. D'Regierung stécht also net de Kapp an de Sand.

Ech ziele se op:

- Erhéijung vum Mindestloun, dem Kannergeld, der Zoulag oder Hëllef géint d'Deierecht, der AVC - wéi elo just gesot ginn ass - an dem REVIS.

- Steierlech Entlaaschtungen am Kader vun der Steierreform 2017, déi grad kleng a mëttel Akommesen entlaascht huet;

- awer och Steierkreditter, fir d'CO<sub>2</sub>-Steier sozial ofzedieren an d'elengerzéind Elteren ze entlaaschten. Och, wann d'CO<sub>2</sub>-Steier etappeweis erhéicht gëtt, huet de Steierkredit vun Ufank un all Erhéijungen ofgediert.

- De Finanzement vun der Kuerzjäitarbecht, vum Chômage partiel: Hei muss ee bedenken, dass mir zu Lëtzebuerg de Salariéen um Mindestloun de Salaire integral - also zu 100 %, an net just zu 80 % oder manner - weider bezuelt hunn.

- Subside fir elektresch Autoen, Vëloen, Luedestatiounen an energieetesche Sanéierungsmaassnahmen;

- d'Logementshëllef.

- D'Regierung huet den öffentliche Transport gratis gemaach. An et gëtt gratis Schoulbicher am Lycée;

- a geschwënn och gratis Mëttegiessen an der Kantine - eng Erspurnis vun 846 Euro pro Joer -, gratis Kannerbetreuung a schlussendlech de gratis Museksunterricht a gratis Nohëllef.

All dës Moossnamen hunn e wichtege Impakt op d'Kafkraaft, zemools vun de Stéit, déi eeben no um Mindestloun sinn oder de Mindestloun kréien. All dës Mesuren entlaaschten op eng spierbar Manéier! A ganz kloer: am véierstellige Beräich pro Joer.

Här President, léif alleguer, wann een déi strukturell sozial Ofsécherungen - virun allem den Index - souwéi déi sëllege Mesuren a Betruecht zitt, déi an de leschte Jore ganz responsabel vun dëser Regierung geholl goufen, da muss ee ganz einfach gesinn, dass de mannerbemëttelte Leit vill ënnert d'Äerm gegräff ginn ass a gëtt. Dofir ass et net korrekt ze maachen, wéi wann d'Regierung d'Hänn an de Schouss géif leeën. Ganz am Géigendeel.

Jo, déi momentan Präisdeierecht ass e Problem! Mee eis Mesuren erlaben et, deem konkreet entgéintzewierken. A mir maachen dat méi konkreet a méi pragmatesch wéi aner Länner. D'Lëtzeburger Politik kann dës sozial Mesuren elo net nach emol annouciéieren. D'Regierung huet schonn 2020 an 2021 anticipéiert an de Sozialstaat resolut gestärkt. Mir hu funktionéierend Systemer en place fir Familljen, besonnesch mat klengem a mëttlerem Akommes, geziilt ze hëllefen.

De Fakt, dass déi nächst Indextranche nach dëst Joer kënnt, dass brauch elo keng extra politesch Annonce, well mir eeben e System hunn, dee sech automatesch upasst. Dat ass, wann een duerch Europa kuckt, bei Wäitem keng Selbstverständlechkeet.

Ech wëll besonnesch ennersträichen, dass mer zu deene ganz weënege Memberstaaten gehéieren, déi esou en Index hunn. Mir maachen dat, fir automatesch dem Kafkraaftverloscht vun de Leit entgéintzewierken. A wann een eis Politik elo mam Ausland vergläicht, zum Beispill mam fransésche Chèque énergie, da muss ee fairerweis soen, dass dat eemoleg Hëllef sinn. Déi aner Länner gi laang net esou wäit wéi mir.

Am Wuerekuerf vum Index ginn och - dat hate mir deslescht eréischt eng Kéier am Kader vun enger Motioun diskutéiert - d'Energiepräisser erfaasst. Wichteg ass, hei ze erënneren, dass déi lescht

Indextranche vum November ëm zirka 50 % duerch eeben d'Entwécklung vun den Energiepräisser bedéngt war. Déi nächst Indextranche wäert och héchstwahrscheinlech zu engem groussen Deel dorobber zrëckzeféiere sinn.

D'Energiepräisser goufen also schonn an engem gewëssene Mooss opgefaangen. An awer wëlle mer eis net ausrouen, mee weiderhi besonnesch d'Situatioun vun de Persounen a Famillje mat klengem Akommes am A behalen an, wann néideg, weider ënnerstëtzen.

An der Kontinuitéit mat den Hëllefsmoossnamen, déi bis dato vun de Koalitionsparteien decidéiert goufen, deposéieren ech am Numm vun de Fraktiounen vun der DP, der LSAP an deene Gréngen eng Motioun. Dës Motioun zielt nach eng Kéier d'Mesuren op, déi bis elo geholl goufen. D'Regierung gëtt dozou opgefuerdert, d'Entwécklung vun den Energiepräisser souwéi d'Risiko Woch fir Woch ze verfolge, den Index bäizebehalen, fir d'Kafkraaft weiderhin ze stäerken, an eng sozial cibléiert an eemoleg Hëllef auszebezuelen. Dat, fir d'Energiekäschten ze decken.

Wannechgelift.

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant qu'au Luxembourg, selon le Statec, le taux d'inflation en décembre 2021 se fixe à 4,1 % sur un an ;*

- *considérant que l'actuelle hausse des prix de consommation est multifactorielle, et est notamment induite par des perturbations des chaînes d'approvisionnement et la reprise économique mondiale suite à la réduction des mesures sanitaires prises dans le contexte de la pandémie ;*

- *considérant la flambée actuelle des prix de l'énergie, qui est principalement due à l'augmentation de la demande mondiale d'énergie, de gaz en particulier, elle-même liée à la reprise économique mondiale ;*

- *considérant l'impact des tensions géopolitiques sur l'évolution des prix de l'énergie ;*

- *considérant que cette hausse des prix de l'énergie affecte le pouvoir d'achat des ménages ;*

- *considérant le mécanisme de l'indexation automatique des traitements, salaires, pensions, rentes et autres indemnités, ayant pour but de compenser la perte du pouvoir d'achat des ménages en raison de l'inflation ;*

- *considérant que ce mécanisme de l'indexation des traitements, salaires, pensions, rentes et autres indemnités a été déclenché au 1<sup>er</sup> octobre 2021 ;*

- *rappelant la motion du 11 novembre 2021 adoptée lors de l'heure d'actualité au sujet de la précarité énergétique ;*

- *saluant les efforts déployés par le Gouvernement pour augmenter le pouvoir d'achat, en particulier des ménages les plus vulnérables, dont notamment :*

• *la mise en œuvre de la réforme fiscale 2017 qui a renforcé le pouvoir d'achat des ménages les plus modestes et des classes moyennes,*

• *l'introduction du nouveau dispositif du revenu d'inclusion sociale (REVIS) qui agit contre la pauvreté des enfants et des familles monoparentales, tout en favorisant une approche d'inclusion sociale,*

• *l'augmentation du salaire social minimum avec effet rétroactif au 1<sup>er</sup> janvier 2019,*

• *l'augmentation du REVIS et du RGPH au 1<sup>er</sup> janvier 2019,*

• *l'augmentation du salaire social minimum, du REVIS et du RGPH de 2,8 % au 1<sup>er</sup> janvier 2021,*

• *la ré-indexation des allocations familiales de l'ordre de 2,5 % au 1<sup>er</sup> octobre 2021,*

• *le doublement des montants maxima de l'allocation de vie chère pour l'année 2020,*



• l'augmentation durable des montants maxima de l'allocation de vie chère de 10 % par rapport à l'allocation de vie chère accordée pour 2019,

• l'augmentation durable des montants maxima de l'allocation de vie chère d'au moins 200 € au titre de l'année 2022,

• le relèvement du montant maximal des crédits d'impôt pour salariés, pensionnés et indépendants de 96 € par an afin de compenser l'introduction de la taxe CO<sub>2</sub> par rapport au budget des ménages les plus modestes,

• l'augmentation des montants prévus par les régimes de subsides en faveur de la rénovation énergétique, des énergies renouvelables et de l'électromobilité,

• l'augmentation de la subvention de loyer à partir du 1<sup>er</sup> avril 2020,

• l'introduction de la gratuité des transports publics à partir du 1<sup>er</sup> mars 2020,

• l'introduction de la gratuité des manuels scolaires pour les élèves de l'enseignement secondaire,

• l'introduction de la gratuité de l'accueil dans le cadre de la mise en œuvre du programme de l'éducation plurilingue au niveau de la petite enfance ;

- saluant les annonces récentes, telles que la gratuité des services d'éducation et d'accueil pendant les semaines d'école, la gratuité des repas à la cantine pour les enfants de familles à revenus faibles ou encore la gratuité de l'enseignement musical, qui traduisent la volonté du Gouvernement de continuer à renforcer les chances d'avenir des enfants, tout en soulageant financièrement les familles ;

- saluant que le Gouvernement poursuit une politique très dynamique de développement des énergies renouvelables, réduisant ainsi progressivement la dépendance des énergies fossiles,

invite le Gouvernement

- à continuer à suivre de près l'évolution des prix de l'énergie ainsi que les risques y liés ;

- à maintenir, tel que prévu par le programme gouvernemental, le système actuel d'indexation automatique des traitements, salaires, pensions, rentes et autres indemnités, contribuant ainsi à garantir une revalorisation du pouvoir d'achat des ménages ;

- à mettre en place une aide exceptionnelle et unique socialement ciblée afin de faire face à l'augmentation des prix de l'énergie.

(s.) André Bauler, Gilles Baum, Dan Biancalana, Yves Cruchten, Josée Lorsché.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Bauler.

**M. André Bauler** (DP) | Léif alleguer, d'DP huet nach ëmmer, an och dës Koalitioun, de Leit, besonnesch deene mat klengem a mëttlerem Akommes, geziilt gehollef. A mir wäerten dat och an Zukunft maachen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Bauler. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen, Léif Kollegeen, Madamm Minister, Här Minister, d'Kafkraaft vun de Stéit ass e fundamental wichtege Sujet fir eis Partei. An dofir begrëisse mer dës Heure d'actualité a soen dem Gilles Roth e grouse Merci dofir.

D'Kafkraaft ass natierlech eng ekonomesch Gréisst, well se eis Opschloss doriwwer gëtt, wéi vill Suen d'Stéit kënnen an d'Ekonomie zréckfléisse loossen. Virun allem ass d'Kafkraaft awer och e wichtege

sozialen Indicateur, well d'Erhale vun der Kafkraaft eng Noutwendegkeet ass, wann een de soziale Fridden an déi sozial Kohäsion am Land nohalteg garantéiere wëllt.

D'Inflatioun ass déi gréisste Gefor fir d'Kafkraaft vun de Stéit. No laange Joren, wou a Wirtschaftskreesser reegelméisseg iwwer de Risiko vun Deflatioun diskutéiert ginn ass, schéngt et, wéi wann d'Inflatioun erëm zu engem Theema gi wier. Enn Dezember louch d'Inflatioun hei am Land, op ee Joer gekuckt, bei 4,1 %. Dës ass wäit méi héich ewéi d'Richtlinn vun der Europäescher Zentralbank, déi d'Präisstabilität bei enger Inflatioun ëm 2 % assuréiert gesäit.

D'Inflatioun ass kee vaagt ekonomesch Konzept! Et ass eppes, wat d'Leit, wat mir alleguer ganz kloer spieren. Alles gëtt méi deier, bei gläichem Gehalt. Oder awer anescht ausgedréckt: Fir dat selwecht Akommes kann ee sech manner leeschten.

Wann een den Inflatiounstaux vun deene leschte Méint méi genee kuckt, da stellt ee fest, dass ongeféier d'Hallschent vun der Inflatioun hiren Ursprung an den Energiepräisser huet. Rechent een d'Energie aus dem Inflatiounstaux vum Dezember 2021 vu 4,1 % aus, da bleiwen nach 2,3 % Präisdeierecht iwwer. An insgesamt hunn d'Energiepräisser tëschent Dezember 2020 an 2021 ëm 47 % zougeholl!

Mir sinn eis alleguer bewosst, dass Lëtzebuerg keen direkten Afloss huet op déi international Energiepräisser an op déi Facteuren, déi d'Energiepräisser bestëmmen. D'CO<sub>2</sub>-Steier huet zu Lëtzebuerg nëmmen 0,3 Prozentpunkten zur Inflatioun bäigedroen. An dofir kann, erwiesenermoossen, net Lëtzebuerg responsabel gemaach gi fir déi staark Hausse vun den Energiepräisser bei eis.

Ech wëlt an dësem Kontext awer gären drun erënnere, dass mir mat der Aféierung vun der CO<sub>2</sub>-Steier zäitgläich de Steierkredit ëm bis zu 96 % gehéicht hunn. Dës Mesuren hu méi wéi 50 Milliounen Euro zréck bei d'Biergerinnen a bei d'Bierger bruecht.

De Statec ass a senger Analys vum November 2020 zur Konklusioun komm, dass en moyenne ronn 40 % vun de Residenten zu Lëtzebuerg d'Méikäschte vun der CO<sub>2</sub>-Steier integral kompenséiert kréien duerch d'Erhéijung vum Steierkredit.

Dir Dammen an Dir Hären, dass déi sozial Gerechtegkeet der LSAP wichteg ass, dat brauch ech hei wuel net méi ze betounen. Mir als LSAP, mir hate Recht, wéi mer virun engem Joer de Mindestlohn ëm 100 Euro erhéicht hunn. Dës Regierung, mat eiser roudler Handschrëft, huet d'Allocation de vie chère ëm 200 Euro gehéicht, nodeems am Joer 2021 eng Augmentatioun vun 10 % decidéiert ginn ass.

Mee déi aussergewéinlech Situatioun bei den Energiepräisser verlaangt nach méi Efforten a mir sinn och bereet, méi Efforten ze maachen. D'Hausse vun den Energiepräisser ass eppes, wat net nëmmen deene Vulnerabelsten aus der Gesellschaft Suerge bereet. Émmer méi Leit aus der ënneschter Mittelschicht sti virun engem seriösen Defi. Ech mengen, do si mer eis alleguer eens.

Et muss zu Lëtzebuerg méiglech sinn, anstännege an an Dignitéit mat sengem Revenu kënnen ze liewen. A wann eeben aussergewéinlech Situatiounen dat schwéier maachen, dann ass et um Staat ze handeln. Dofir musse mir elo reagéieren an zwar séier, sozialgerecht an administrativ esou einfach ewéi méiglech.

Ech hu virdru gesot, dass d'Leit mat hirem Revenu an Dignitéit musse kënnen liewen. An zur Dignitéit gehéiert och, datt d'Leit net zu sougenannte „Bittsteller“ vis-à-vis vum Staat ginn, fir sozial Leeschtungen ze kréien.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Dofir proposéiere mir konkret zwou Mesuren, där hir Kombinatioun et erméiglecht, dass mer séier an awer och sozial gerecht de Bierger hei am Land hëllefen.

Mir proposéieren d'Aféierung vun engem eemolege Chèque énergie. Iwwert de Montant kann een natierlech nach diskutéieren an och iwwert d'Aart a Weis, wéi en ausbezuegt gëtt. Mee mir proposéieren op d'mannst 100 Euro. Dës Montant géif alle Familljen, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, zeguttkommen. An dës mécht eng ronn 250.000 Menagen aus.

Esou e Chèque énergie hätt notament och den Avantage, dass e méi cibléiert hëllefe ka wéi eng temporär Baisse um Niveau vun den Akzise respektiv vun der TVA, ...

(Interruption)

... déi an absolutten Zuelen de méi breede Schëlleren am meeschte géif bréngen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Gläichzäiteg proposéiere mer awer och, d'Allocation de vie chère nach eng Kéier no uewen unzepassen, fir déi vulnerabel Leit virun der Präisexplosioun um Energiemarkt ze schützen.

Dir Dammen an Dir Hären, der LSAP ass et wichteg, dass mer dësen hoffentlech temporäre Problem séier a ganz onkomplizéiert léisen. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hemmen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, jo, mir hu Präishaussen, déi mer zanter Joren net méi kannt hunn. Firwat ass dat? Et gouf schon e puermol thematiséiert: international Produktiouns- a Liwwerketteproblemer, dat alles wéinst der Pandemie, awer och d'ekonomesch Reprise, déi mer hunn; et kënnt nach derbäi dee ganze Russland-Ukrain-Konflikt an esou weider.

Héich Präisser an der Energie, jo, awer net just do. De Statec, dee sot kloer, dass ongeféier d'Hallschent vun der Inflatioun duerch d'Energie kënnt. Et gëtt awer och Präishaussen an anere Beräicher: de Servicer, an der Industrie an och de Liewensméttel.

Wien ass dovu beträff? Jo, jiddwereen, awer virun allem natierlech déi Leit mat engem niddregen Akommes. Si hunn am allernähesten Spillraum am Portomoni an dofir géllt et, déi Leit natierlech elo ze ënnerstëtzen: Familljen, Monoparentaux, Studenten, Berufssufänger. An zu Lëtzebuerg hu mer vill Leit, déi vum Aarmutsrisiko beträff sinn, an déi sinn natierlech elo hei speziell dovu beträff. Dofir brauche mer Moossnamen, fir deem entgéintzewierken.

Ech wëll awer och dozou soen, dass d'Majoritéit schon - an et gouf och schon de Mëtte gesot - reagiert huet: Mir hunn d'Hausse vun der Allocation de vie chère ëm 200 Euro, mir hunn d'Indexéierung vum Kannergeld, mir hunn ökologesch a sozial gerecht Primmen, fir dass d'Bierger un der Energietransitioun kënnen deelhuefen, an esou weider.

An ech wëll och preziséieren: Gutt, dass mer zu Lëtzebuerg den Index hunn, well duerch d'Indextranche vum leschte Joer gouf schon en Deel vun dem Kafkraaftverloscht ausgeglaach. Déi Tranche gouf jo och réckwierkend nach eng Kéier op d'Kannergeld applizéiert. An och, wann de Statec eigentlech dervun ausgaang ass, dass déi nächst Tranche eréischt méi



spéit kënnt, kann ee weinst der aktueller Inflation awer dervun ausgoen, dass dat schonn éischter wäert spillen, an da gëtt och d'Kafkraaft weider stabiliséiert.

Mee et besteet natierlech de Risiko, dass déi Inflation undauert an dofir ass et wichteg, dass mer weider reagiere bei deene Leit, déi et brauchen.

An den Här Roth huet jo hei elo selwer gesot, dass d'CSV proposéiert, mat der Strenz iwwert d'Land ze goen. Ech wëll dozou soen, dass nach ee Problem vun deene Proposen deen ass, dass se och net am Klang si mat de Klimaziler, déi mer awer brauchen a wou mir der Meinung sinn - d'Majoritéit op alle Fall -, dass mer do ambitiéis musse sinn. Engersäits, wat déi progressiv Upassung vun der Kilometerpauschal ugeet, anerersäits awer och d'Erhéijung vun dem Kilometergeld, menge mir, dass dat nei klimaschiedlech Incentivé sinn an dass dat net kohärent ass par rapport zu onser Klimapoliti. An au contraire musse mer eeben déi Leit entlaaschten, déi et wierklech brauchen.

Dann, wat déi Propos ugeet, fir eng befrist Deckelung ze maache vun de Präisser. Do froen ech mech dann awer: Wéi ass dat émsetzbar? A mir wësse jo och, dass sou Präiskontrollen awer émschridde sinn. Et gëtt natierlech verschidden Ekonomisten, déi soen, dat wär eng gutt Mesure, fir d'Inflation kuerzfristeg ze bremsen. Ben, anerer soen awer, dass et keng gutt Mesure wär. An eigentlech wësse mer och aus där ganzer Pétroskris, dass sech déi Kris trotz Präiskontrollen, déi deemools agefouert gi sinn, awer weider verschäerft huet.

Mir brauchen also elo keng haseleg oder eng opgereegt Politik, déi vläicht um Pabeier gutt kléng an awer net an der Realitéit ass, déi awer net konform ass zu onser ambitiéis Klimapolitik, mee mir brauche Mesuren, déi cibléiert bei deene Leit ukommen, déi et och wierklech brauchen an déi och am Klang si mat onse Klimaziler.

A mir kënnen ons do zum Beispill virstellen, dass een d'Allocation de vie chère weider ausweit, respektiv d'Krittäre méi breet opmécht, awer och eng Iddi wéi de Chèque énergie, deen elo vu menger Virriednerin och ugeschwat ginn ass, oder en Energiegeld. An Däitschland nenne se dat en „Heizkostenzuschuss“. Dat ass eng eemoleg Primm, déi ausbezuelet gëtt u Wunnengsgeldempfänger oder Studéierender, wou d'Bundesregierung probéiert, geziilt déi Leit, déi weéne verdéngen, domadder ze entlaaschten.

Mee wat mer och elo nach eng Kéier mierken, ass, dass mer natierlech engersäits elo direkt Mesurë brauchen, dass mer eis anerersäits och méi strukturell musse Gedanken maachen, wéi mer onse Sozial- an onse Steuersystem zu Lëtzebuerg méi gerecht opstellen. Well en ass ongerecht an an där heiter Kris gouf dat nach eng Kéier verstärkt.

Dat wäerte mer natierlech an där ganzer Steuerdebat thematiséieren. Just e puer Elementer, déi ech vläicht elo scho wëll ervirhiewen: De Steierkredit, wéi de Wirtschafts- a Sozialrot dat och seet, muss een, menge mer, méi héich maachen, virun allem fir d'Monoparentaux. Gläichzäiteg muss een awer och de Crédit d'impôt salaire social minimum upassen, wat eebe grad geziilt d'Kafkraaft vun de Leit mam Mindestloun géif stäerken. Wa mer dat mam Crédit d'impôt maachen, geet dat nämlech och net zulaaschte vun den Entrepreneuren, déi mer och natierlech mussen hei am Bléck halen.

Elo also séier reagieren; Mesuren, déi do ukommen, wou se gebraucht ginn an och konform sinn zu onse Klimaziler. Dat huet déi heite Majoritéit an de leschte Méint scho gemaach an dat musse mer och an den nächste Woche weider ugoen.

Merci fir d'Nolauschten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy. An da wier et um honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

**M. Roy Reding** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, erlaabt mer gläich zum Ufank, dem honorabele Gilles Roth e grouse Merci ze soen fir seng Initiative.

Wa mer richtig gezielt hunn, ass dës schonn déi drëtt Aktualitéitsstonn zum Thema Präisdeierecht bannent engem Joer. Dat ass och justifizéiert, well d'Inflation tatsächlech e grouse Problem ass an ufänt, e Riseproblem ze ginn.

An engem Communiqué vum Statec vum 5. Januar heescht et, datt d'gesamt Präisdeierecht d'lescht Joer zu Lëtzebuerg bei 4,1 % louch. Am August ware mer nach vun 2,2 % ausgegangen.

D'Previsiounen fir 2022 an Europa leien am Abléck bei enger Inflation vun iwwer 5 %. Dat ass wierklech substanzéiert.

Inflation léisst sech graff op véier Urspréng zrëckféieren, déi souwuel eenzel opriede wéi och am Zesummespill.

Dat Eent si global Evenementer, déi baussent dem Aflossberäich vun eiser Politik sinn.

Dat Zweet ass en Iwwergewicht vun de Suen, déi am Émlaf sinn, vis-à-vis vun der realwirtschaftlecher Produktivitéit duerch eng entsprechend Decisioun vun der Zentralbank.

Dat Drëtt ass en Iwwerhang vun der Demande vis-à-vis vun der Offer an engem oder a méi Beräicher.

An dat Véiert - an dat ass hei, wat d'Energiepräisser ugeet, e ganz grouse Punkt -: eng falsch Steuer- an Zollpolitik vun enger Regierung.

Fir op dës éiweg finanziell Onwägbarekeiten ze reagieren, gouf hei an dësem héijen Haus den 31. Mee 1921 e fantastesch Instrument geschaf: den Index - weltwäit nach ëmmer bal eemoleg! Den Index ass iwwert de Wuerekuurf e Moossinstrument, fir d'Inflation festzeleeën. Et ass awer och en Instrument, fir d'Präisdeierecht auszegläichen an d'Kafkraaft ze erhalen. An et ass eent vun deenen Instrumenter, op deenen de soziale Friden hei am Land, dee mer sou laang genéissen, berout.

De Wuerekuurf soll awer d'Konsumgewunnechte vun de Leit objektiv a komplett erëmspigelen an net zu engem ideologeschen Instrument ëmfunktionéiert ginn, mat deem probéiert gëtt, d'Leit ze erzéien. Et soll also all Produit do erakommen, dee consumméiert gëtt, egal ob deen een oder deen anerer dee gutt, gesond, richtig oder falsch fënnt.

„D'Hänn ewech vum Index“ war ee vun den Hauptslogane bei deene grouse Manifestatiounen uganks den 80er-Joren. An ech kann dat haut nëmme widderhuelen, am Numm vun der ADR: Hänn ewech vum Index an Hänn ewech vun enger wéi och ëmmer gearteter Manipulatioun vum Wuerekuurf!

Selbstverständlech bleift d'ADR och bei hirer Fuerderung, d'Steiertabell automatesch un d'Inflation unzupassen. D'Salairé gi jo och automatesch un d'Inflation ugepasst duerch d'Spill vum Index.

Och d'Covidsituatioun huet en Impakt op d'Inflation. Esou sinn d'Liwwertketten duerjerneegeroden. Scho virun engem Joer sinn d'Baumaterialien ëmmer méi knapp ginn a virun allem ëmmer méi deier. Dat selwecht erliewe mer elo bei den Chippe fir an d'Autoen, déi vill méi deier a ganz rar ginn.

De landwirtschaftlechen Dünger, do ass et genau d'selwecht. D'Leit brauchen awer alldeelegch Gidder, mee se stinn eeben net an dem néidege Mooss zur

Verfügung, an deementspriedend explodéieren d'Präisser.

Mir als ADR plädéieren och ganz kloer fir en Enn vu sämtleche Covidmesuren, fir datt d'Betribsofleef sech an den nächste Méint endlech nees normaliséiere kënnen. An och dat ass e Schrëtt géint d'Präisdeierecht.

Mir sinn och dergéint, eis Betriber dauernd méi ze belasteschen duerch esäiteg national Initiative wéi d'Liwwertkettesgesetz, duerch vill ze héich Energiepräisser - och si leiden drënner -, duerch eng ze séier Dekarboniséierung, duerch exzessiv Ëmweltoplagen. All dës Moosnamen mécht ee mat der Industrie a mat all eisen Entrepreneuren, an net géint si!

Eng realistesch, vernünfteg a betribsfrëndlech Wirtschaftspolitik ass an Zäite vun Inflation genau dat richteg, fir de Phenomeen net nach ze verschlëmmen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Roy Reding** (ADR) | Déi kënschtlech Verdeierung vum Diesel, och vum betriblechen Diesel, duerch de Staat ass eng vun deene ville Laaschte fir den Transportsektor, mee natierlech och fir de Konsument, well deen direkt - déi Präisser gi jo nees agespeist an d'Verkafspräisser - dorënner leit.

Et muss Schluss si mat deene permanente Steuererhéijungen: Erhéijung vun der allgemenger TVA, Erhéijung vun der spezifischer TVA am Logement an am Horesca, Unhiewung vun der Bensinnssteuer, Aféierung vun der Zäregassteuer an esou weider. Dat alles si Moosnamen, mat deenen d'Regierungsparteien de Lëtzeburger Bierger säit Joren ëmmer méi vun hire schwéier verdéngte Suen aus der Täsche zéien an déi eis an dëser Kris op de Kapp falen.

De Logement gëtt och duerch dës Regierung andauernd méi deier gemaach. Mir erënneren eis un d'Erhéijung vun der TVA op 17 % op Mietwunnechten, u permanente nei Oplagen, déi d'Baue méi deier maachen, un d'Diskussioune ronderëm eng Erhéijung vun der Grundsteuer an esou weider an esou weider. Mir als ADR si géint all Steuererhéijung!

De Phenomeen vun der Energiearmut mécht och eis besonnesch vill Suergen. De Kolleg Gilles Roth huet hei androcksvoll net nëmme gesot, mee och chiffriert, wat dat fir den normale Bierger bedeit. Ëmmer méi Leit fäerte fir ze hëtzen a sëtzen tatsächlech kal doheim, well de Brennes ze deier gëtt, fir datt se sech et kéinte leeschten. An et deet mer leed, mee dat ass eng direkt Konsequenz vu Liwwerengspass, mee och vun där grénger Politik. Et ass eeben net méiglech, gläichzäiteg aus der Kuel an aus der Atomenergie erauszeklappen. Da bleift nëmme nach de Gas, well déi sougenannten alternativ Energie produzéieren nun eemol vill ze vill e kleng Prozentsaz vun eisem totalen Energiebedarf. Dat ass eng Tatsaach, e Fakt: Gréng gëtt deier! An dat bleift esou, soulaang déi Partei Regierungsverantwortung dréit.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Roy Reding** (ADR) | Zum Beispill gouf eng Zäregassteuer agefouert an déi gëtt och nach permanent ugehuewen. Fir eis als ADR gehéiert déi Steuer op den Tipp vun de schlechten Iddien. A mir fannen et komesch ...

(Interruption)

Mir fannen et komesch, datt d'Kolleeg vum der CSV déi Steuer ennerstëtzen a sech dann hei iwwert d'Präisdeierecht opreegen. Dat eent ass en Element och vun deem aneren. D'CSV-Virschléi kënnen mer alleguerte matdroen. Alleguerten, ...

**Plusieurs voix** | Très bien!



**M. Roy Reding** (ADR) | ... bis op déi vun der Deckelung vun den Energiepräisser. Mee awer éischter aus enger prinzipieller Iwwerleeung. Mir géifen éischter d'TVA erofsetze vu 14 % op 3 % op de Brennes. Dat wier zum Beispill dann net nëmmen eng Deckelung, dat wier souguer d'Erofsetze vun de Präisser, a mir sinn einfach prinzipiell géint staatlech veruerdnet Präisser. Mir denke jo net, datt den S an der CSV elo fir „Sozialistes“ steet. An der Economie ass de Präis nun eemol e Signal, dat de Grad vu Verfügbarkeet vun enger Wuer an all hire Komponenten uweist. Wann de Präis klëmmt, heescht dat, datt eng Kromm an der Heck ass. E Präis ze deckelen, bedeit näischt anescht, wéi wann Der géift e Féiwerthermometer bei 38 °C deckelen a mengen, da wär de Patient net méi krank. D'Margé vun de Betriber ginn duerch déi staatlech forcéiert Präisdeierecht net erop. Genau déi Leit solle mer net nach mat dirigistesche Moosname bestrofen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Roy Reding** (ADR) | Mir als ADR bekennen eis zur sozialer Maartwirtschaft an net zu sozialistesche Methoden. Mir wëllen eng vernënfteg, wirtschaftsfreundlech a sozialverantwortlech Wirtschaftspolitik. A mir verlaange véier kloer Konsequenzen aus dëser Debat, an da sinn ech färdig: Eng ersatzlos Ofschaffung vun der desastréier CO<sub>2</sub>-Steier - direkt! -, en Erofsetze vun der TVA vu 14 % op 3 % op de Brennes, eng Unerkennung vun den Energieproduiten als Grondbedierfnis an eng entsprecheend Steierreform; eng automatesch Upassung vun der Steiertabell un d'Inflation; eng objektiv a wäertneutral Zesummesetzung vum Wuerekuerf, déi och de Logement an och d'Energiepräisser adequat muss berécksiichtegen; an dann eng besonnesch Sensibilitéit och fir d'Problemer vun de Baueren, fir hinne bei de Präisser fir d'Düngemëtzel ze hëllefen, wat d'Liewensmëtzeldeierecht dann och géif bremsen.

Ech deposéieren dann nach eng Motioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

### Motion 2

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

*- d'Energiepräisser zu Lëtzebuerg 2021 ni gekannte Rekordstänn erreecht an zu engem allgemenge Kafkraftverloscht an der Gesellschaft gefouert hunn;*

*- déi Leit, déi wéineg verdéngen, a Famille mat Kanner vun dëser Entwécklung naturgeméis besonnesch belaascht ginn;*

*- Energie zu de mënschleche Grondbedierfnisser zielt;*

*- déi zousätzlech Präisexplosioun bei den Düngemëtzel sech entsprecheend op d'Liewensmëtzelpräisser auswierke wäert;*

*- déi allgemeng Steierpolitik vun der aktueller Regierung dës Problematik massiv verschäerft huet,*

*ass sech bewusst, datt*

*- d'TVA, déi och op sämtlech aner Steieren an Accisen applizéiert gëtt, eng Hiwelfunktioun bei der Entlaaschtung vun de Stéit zeguttkomme kann,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*- de Baueren, déi duerch déi massiv Deierecht vun den Düngemëtzel ënnert staarkem finanziellen Drock stinn, zousätzlech finanziell Hëllefen zoukommen ze loosser;*

*- d'Heicht vun der Deierengszoulag nach eng Kéier no uewen unzepassen an d'Präisentwécklung besonnesch och bei den Energiekäschten an der neier Zomm entsprecheend ze berécksiichtegen;*

*- e Gesetzesprojet op de Wee ze bréngen, fir déi automatesch Upassung vum Steuerbarème un d'Inflation vum 1. März 2022 un nees dauerhaft a Kraaft ze setzen;*

*- den éischte Sockel vum Barème sou opzestellen, datt de Mindestloun fir d'Gesamtheit vun de Bierger steuerfräi bleift;*

*- d'Züregassteier op Mazout fir ze hëtzen an op Brennstoff fir Gefierer op den Datum vum 1. März 2022 ersatzlos auslafen ze loosser;*

*- vum 1. März 2022 un de superreduzierten TVAs-Saz vun 3 Prozent op sämtlech Energieproduiten an op Mietwunnengen ze applizéieren.*

(s.) Roy Reding.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Reding. An da wier et un där honorabeler Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, an den Ae vun déi Lénk huet de Verloscht vun der Kafkraft vun de Stéit zwou Ursachen: déi klammend Präisser vu Wueren a Servicer an awer och d'Revenuen, déi dëser Entwécklung net standhale kënnen.

An der aktueller Situatioun si mir an éischter Linn mol mat klammende Präisser bei der Energie a bei wichtige Liewensmëttele a Servicer konfrontéiert. Bei Saachen also, op déi kee verzichte kann, a genee dat mécht d'Lag esou dramatesch.

Ganz wéineg Stéit, egal wéi gutt oder schlecht et hinne finanziell geet, kënnen sech dëser Deierecht entzéien. Mëttlerweil kënnen souguer déi Stéit, bei deenen de Budget um Enn vum Mount vläicht eng Zäitche Pi mol Daumen opgaangen ass, et elo och net méi finanziell packen.

D'Konsequenz ass, dass d'Stéit verzichte mussen an zwar op gesond Iessen, neit Schoulgezi fir d'Kanner, e Famillenausflug vläicht sonndes emol an, wat vill méi schlëmm ass, op een oder zwee Grad Celsius méi an der Wunneng, fir esou Energie anzespieren.

Här President, d'Situatioun ass schlëmm. Richtig schlëmm! An eisen Ae muss de Stéit direkt gehollef ginn a besonnesch natierlech deene Stéit, déi am stäerkste vun der Deierecht betraff sinn. Am November hu mir bei der Debat iwwert d'Energiepräisser scho Propose gemaach, ënner anerem, wat eng adequat Upassung vun der Allocation de vie chère ugeet, déi jo hannen a vir net duergeet, fir mat de Präishaussé matzehalen. Dës Allokatioun misst iwwregens och iwwert déi nächst Méint weiderhi fir d'Joer 2022 kënnen ugefrot ginn. D'Madamm Hemmen huet do jo mol eng Ouvertür gemaach, da si mer jo awer mol gespaant.

Mir hunn och am Oktober schonn eng Präisdeckelung bei der Energie gefuerdert. D'Deckelung vu Präisser ass fir eis net einfach e Begrëff, deen een am Kader vun taktische Spillereien auspeekt, ouni dës politesch begrënnen ze kënnen. Well wat bedeit eng Deckelung? Wann ee Präisser deckelt, da leet een e Maximalpräis fest a bestëmmt net deen op deem héijen Niveau vun haut. Domadder dréit een der Tatsaach Rechnung, datt et Bedierfnisser gëtt, déi esou fundamental sinn, dass jidderee se muss kënnen erfëllen, onofhängeg vu Maartpräis a Kafkraft.

Dozou gehéieren d'Energie, d'Grundliewensmëtzel, eng Wunneng, d'Méiglechkeet, sech fortzebeweegen, Accès zu Bildung a Gesondheetsversuergung, Sozialliewen an och d'Kultur.

Déi allermannste vun dëse Bedierfnisser kënnen am sougenannte fräien Zesummespill vun de Maarkkräfte

befriddegt ginn. Dat weist sech aktuell zu Lëtzebuerg bei den Energiepräisser, awer och scho säit ville Jore bei de Wunnengspräisser. Grondbedierfnisser, déi iwwert de Marché sollten erfëllt ginn, kréien ëmmer méi de Statut vum Luxus, zumindest emol, wann een d'Präisetikette kuckt, déi dorobber stinn.

Déi schlëmmste vun all de Präisexplosiounen sinn déi vun de Wunnengen. D'Liberaliséierungen an d'Privatiséierungen vun essenziellen Dëngschtleeschungen, wéi déi vun der Energie an awer och vun der Post, weisen haut däitlech hir negativ Auswierkungen. Präisdeckelungen sinn eng Optioun. Mee et kann een och méi wäit goen a bestëmmt fundamental Servicer komplett vun der Marchélogik befreien, andeem ee se der ëffentlecher Hand uvertraut. Bei der Energie géif dëst zwar den Akafspräis vum Gas oder vum Strom net reduzéieren, mee d'Festleer vu Präisser fir de Client géifen enger demokratescher Kontroll ënnerleien a kënten esou zum Beispill sozial gestaffelt ginn. Bei engem privatiséierter Service ass dat net méi méiglech. D'Sanéierung vu Wunnengen, fir Energie ze spueren an d'Stéit nohalteg ze entlaaschten, misst an eisen Aen an enger Klimakris och en ëffentleche Service sinn. Dat ass och net de Fall, och wann de Staat probéiert, hei mat Primmen anzewierken. Mee à la base steet all Stot aleng virun engem groussen Investissementschoix, oft mat ganz klenger Mëttele. Bei de Wunnengen allgemeng ass e vill ze groussen Deel vun de Stéit onzoumüttbare Präisser a virun allem Loyerer ausgesat. Dem Staat feelt et hannen a vir un den néidege Wunnengen, fir abordabel Wunnkonditiounen fir eng grouss Zuel Stéit ze bidden. Et kéint ee weiderer opzielen.

Wat ech domadder wëll soen: d'Kafkraft vun de Stéit dierf bei der Befriddegung vun de Grondbedierfnisser guer kee Krittär sinn. An do geet och en eemolegen Energiescheck vun 100 Euro hannen a vir net duer.

De Verloscht vun der Kafkraft ass fir eis also op zwou Fronten unzegoen: Éischtens muss dëse Verloscht duerch Mesuren an der Loun- a Sozialpolitik kompenséiert ginn. Ech hunn d'Allocation de vie chère, fir de Stéit séier ze hëllefen, scho genannt. D'Kannergeld ass fir vill Stéit och eng wichteg Stütz. Ech erënneren drun, Här President, datt mir eng Gesetzespropos eraginn hunn, déi fir eng Famill mat zwee klenger Kanner e Plus vu 660 Euro d'Joer bedeite géif. Eng Opwärtung vum REVIS an d'Méiglechkeet fir Jonker tèschent 18 a 25 Joer, de REVIS kënnen ze kréien, ass dréngend erfuenderlech, genausou wéi eng Opwärtung vum Mindestloun.

Domadder aleng ass et nach laang net gedoen. Duerfir muss zweetens op d'Präisser agewierkt a fundamental Servicer der Profitlogik entzu ginn. D'Energiepräisser kuerzfristeg deckelen a mëttelfristeg, wéi beim Waasser, op de Wee vun der Staffellung goen, well een domat eng Grondversuergung mat engem Virgoe géint Verbëtzen, verbanne kann. Eng Deckelung vu Präisser vu Loyerer a vu Wunnengen muss och an d'A gefaasst ginn. Mir hu puncto Loyer 2018 och eng Gesetzespropos eraginn. De Bau vu Logementen oder den Assainissement énergétique si Beräicher, an deenen d'Empris vum Marché mussen zrëckgedréckt ginn an de Staat an d'Gemenge méi an d'Verantwortung trieden. Et geet net duer, all Joer schlaue Rapporten mat immens wichtegem Zuelematerial wéi déi vum Statec iwwert den Travail an d'Cohésion sociale oder de Bildungsbericht an Opdrag ze ginn, mee d'Politik muss och eppes Schlaues domadder ufänken a kucken, datt sech eppes bei deenen deet, déi et am meeschte brauchen.

Merci, fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Ganz gutt, Madamm Cecchetti.



**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här ...

(Brouhaha)

... Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen als Éischt emol deem Här Roth Merci fir d'Ufro vun dëser Aktualitéitsstonn, wëll awer gläichzäitig soen, datt ech mer awer iergendwéi e bësse méi Klarifikatiounen an der Invitatioun gewënnscht hätt wéi nëmmen iwwert, jo, ...

(Interruption)

Jo, et ass ëm alles gaangen. Mir kéinten elo iwwer Logement schwätzen, mir kéinten iwwert d'Energiepräisser schwätzen, ech mengen, datt d'Kafkraaft esou e vast Thema ass, datt een et och net an eng Heure d'actualité ka paken, wat jo och e bëssen en Zeechen ass, datt mer elo scho fir d'drëtte Kéier, wéi e Virriedner et scho gesot huet, iwwert d'Kafkraaft hei zu Lëtzebuerg mussen schwätzen.

Ech mengen, ech kommen op een Thema, op een Element vun der Kafkraaftproblematik, an dat ass natierlech d'Energie.

**Une voix** | Jo.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Virun allem fir déi akommesschwächste Stéit ass et am Moment schwéier, iwwert d'Ronnen ze kommen. Um Enn vum Portmonni ass nach vill Mount iwwreg. Dat ass e Constat, dee méi a méi Famillje maachen. An dann hoffe mer nach, datt d'Zësen net elo och nach iergendwann an d'Luucht ginn, well dann ass net nëmmen um Enn vum Portmonni nach vill Mount iwwreg, mee da fänkt et och nach un, ganz batter ze ginn, fir de Prêt um Immobilier zréckzebezuelen, deen haut heefeg schonn ganz, ganz enk berechent ass.

Mir Piraten, dat weess een, sti fir e generell an universell Grondakommes. Dëst kéint, wann et indexéiert wär, natierlech och an esou Situatiounen wéi där heiter offiedereren. Dat géif existenziell Ängshten huelen. An ech mengen, datt een esou Ängshten huet, ass verständlech, wann de Gaspräis ëm 110 % innerhalb vu véier Méint an d'Luucht gaangen ass.

Well mir Piraten awer déi eenzeg Partei sinn, déi e Grondakommes am Programm stoen huet a mer awer och kuerzfristeg Mesurë brauchen, wëll ech elo an deenen nächste Minutten op déi agoen.

(Brouhaha)

Duerch dës Verduebelung vun de Gaspräisser denke mir Piraten, datt et virun allem hei ass, wou de Staat muss usetzen, fir d'Stéit ze entlaaschten.

Dofir deposéieren ech dann hei och eng Motioun, wou mer de Staat opfuere, de Plus un TVA, deen e säit September duerch klammend Gaspräisser ageholl huet, de Konsumenten erëm a Form vun enger Aide zréckzebezuelen.

Här President.

**Motion 3**

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- *Aner EU-Staaten hu Moossnamen ergraff, fir spezifesch géint d'Präisentwécklung beim Stroum, Gas a Pétrol virzegoen. Esou huet Frankräich eng Tarifbrems fir Gas a Stroum ugekënnegt an Italien wëll de Leit duerch Steiersenkungen hëllefen.*

- *De Präis vum Naturgas ass vum 1. Juli 2021 bis den 1. Februar 2022 ëm ronn 110% geklommen.*

- *D'TVA ass domat ëm 3,76 Cent pro Metercube fir de Konsument geklommen.*

- *De Staat hat domat 2021 e Plus un TVA-Einnahmen a wäert, wann d'Präisser sech net erëm berouegen, dese Plus och 2022 hunn.*

*Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,*

- *dem Staat dësen Iwwerschoss un Einnahmen un TVA, dee säit dem 1. Juli 2021 entstanden ass, a Form vun enger Aide un d'Gaskonsumenten zréckzebezuelen.*

(s.) Sven Clement.

Mir hunn et eng Kéier duerchgerechent: De Staat verdéngt pro Stot am Moment 100 Euro d'Joer méi, just duerch d'steigend Gaspräisser, op der TVA. Ech schwätzen net vun deenen aneren Taxen, déi sinn nämlech net proportionell. Déi sinn an absoluten Terme beim Gas. Mee aleng beim Gas sinn et 100 Euro pro Stot, fir ee Joer.

Wa mer dat natierlech elo och nach op de Brennes an op de Pétrol duerchdeklinéieren, dann huet de Staat iwwerproportional vun dese Präishaussë profitéiert, well grad beim Brennes sinn et net nëmmen absolut Taxen, mee do sinn et proportional Taxen, déi grevéieren, respektiv d'Droit-d'accisen. An ech mengen, och do, dat hu mer elo net agebaut, kéint de Staat entgéintkommen. An ech mengen, datt esou och d'Klimabonuse kéinte finanzéiert ginn.

Här President, d'Regierung huet d'Allocation de vie chère an de REVIS mam leschte Budgetgesetz gehéicht. A wéi schonn am Dezember gesot, fanne mir Piraten, datt een d'Aiden u sech automatesch misst pro Mount kréien a Form vun engem Steierkredit, respektiv a Form vun enger direkter Ausbezielung. Well et ass jo schéin, eemol am Joer eng Pimm ze kréien, mee d'Leit kënne sech awer besser organiséieren, wann dat Akommes monatlech disponibel wier.

D'Kollege vun der LSAP kënne sech scheinbar net an der Regierung duerchsetzen, well vill ze wéineg Leit kommen nach ëmmer fir dës Suen a Fro. Dat gouf haut och ugeschwat. Ech mengen de Seuil fir d'Allocation de vie chère ass am Moment ze niddreg. Do mussen mer net ronderëm de Bräi schwätzen. Do kënne mer einfach soen: En ass ze niddreg, kommt, mir maachen eppes dogéint, kommt, mir héije genau deen. Well wann ee mam Mindestloun, mam qualifizéierte Mindestloun zu Lëtzebuerg net méi dovou profitéiere kann ... Et ka mer elo kee behaupten, datt et deene Leit richtig gutt geet!

Am Kader vun de steigenden Energiepräisser, an och dat hu mer haut erëm héieren, ass dann natierlech och op d'CO<sub>2</sub>-Steier geklappt ginn, eng CO<sub>2</sub>-Steier, déi eis prinzipiell net onsympathesch ass, well se u sech och e Staatszil begleet. Mee mir géifen awer léiwéier vun enger negativer CO<sub>2</sub>-Steier, engem Klimabonus ausgoen. Esou géife mer nämlech wierklech encouragéieren, motivéieren, fir allegueren zesumme géint de Klimawandel ze kämpfen, well een den Netverbrauch géif belounen, anstatt datt een de Verbrauch géif direkt besteieren.

Nach eng Kéier ganz kuerz als Rappel - ech hunn et an der Budgetried méi wéi laang a breet duergeluecht -: Mir Pirate proposéiere fir den Ufank e Seuil vun acht Tonnen - dat ass manner wéi dat, wat den Duerchschnittslëtzebuerg am Moment emettéiert -, deen ee ka verbrauchen. A jiddereen, deen ënnert dësen acht Tonne bleift, dee kritt eppes eraus. A jiddwereen deen driwwer geet, deen, ben, dee bezilt. Just, fir eng Kéier ze soen: Domadder ass en Transatlantikol natierlech dat, wat de Budget quasi direkt opbraucht. Wann een awer mat der Famill mam Auto op d'belsch Plage fiert, dann ass dat méi ökologesch, wéi aleng iwwert den Atlantik ze fléien.

Ech deposéieren an deem Sënn dann och nach eng Motioun, fir datt eng Etüd soll gemaach ginn, fir d'Méiglechkeet vun enger Aféierung vun engem Klimabonus ze analyséieren.

Här President.

**Motion 4**

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- *De Stater huet a senger Evaluatioun vun der CO<sub>2</sub>-Steier festgestallt, dass och mat der geplangter Erhéijung vun der CO<sub>2</sub>-Steier bis 2023, d'Emissiounen zu Lëtzebuerg am Joer 2023 nach 17 % iwwert der Trajectoire vun 55 % CO<sub>2</sub>-Emissiounen leie wäerten: „Si l'objectif des émissions de GES pour 2021 pourra probablement être respecté, l'écart avec la trajectoire de réduction qui mène à -55 % en 2030 (courbe grise) augmenterait au cours du temps, jusqu'à 17 % en 2023.“*

- *De Stater hält kloer fest: „Il est généralement admis que la taxe CO<sub>2</sub> est une condition nécessaire, mais pas suffisante pour réduire les émissions“, esou dass och aner Méiglechkeete mussen a Betruecht gezu ginn.*

- *D'Subventionspolitik eleng geet net duer, fir déi aktuell ressourcenintensiv Technologien a kuerzer Zäit duerch méi effizient Technologien ze ersetzen. Ee Beispill dofir ass d'Elektromobilitéit, wou de gesamte Fuerpark misst elektresch ginn.*

- *Et feelt eng Subventionspolitik vum Verzicht, déi d'Leit incitéiert a belount. E Klimabonus, a Form vun enger negativer CO<sub>2</sub>-Steier, kann e steierlecht Instrument sinn, wat et erlaabt, de Verzicht ze belounen.*

*Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,*

- *eng Etüd an Optrag ze ginn, fir déi méiglech Konsequenze vun engem Klimabonus a Form vun enger negativer CO<sub>2</sub>-Steier zu Lëtzebuerg ze analyséieren.*

(s.) Sven Clement.

(Brouhaha)

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi héich Präisser sinn an éischter Linn also e kuerzfristeg Problem. Mir brauchen dofir virun allem kuerzfristeg Hëllef fir déi Stéit, déi et wierklech brauchen. De Staat soll net nach vun dese Präishaussë profitéieren, mee de Plus un Einnahmen direkt, an net eréischt mam nächste Budget, zréck un d'Leit ginn.

Mir brauchen och eng Allocation de vie chère, déi méi Leit zegutt kënn an déi d'Leit méi einfach a méi oft mussen ausbezuelt kréien. Mir brauchen awer och laangfristeg Alternativen. Dofir hoffen ech, datt eng Majoritéit heibanne bereet ass, analyséieren ze loosseren, ob e Klimabonus esou eng Alternativ wär.

A schlussendlech mussen mer elo well géigesteieren, well wann elo och nach d'Zëse klamme sollten, wat jo awer ugedeit gëtt, da kënn eng weider Ëmverdeelung vun ënnen no uewen. An dat kéint eng richteg Katastroph ginn. Do geet et net méi duer, sech fir d'Vergaangenheet op d'Schëller ze klappen, mee do muss een d'Jalone fir d'Zukunft setzen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Et war e Riedner, dee gesot huet, e wär méi kuerz gewiescht wéi all déi aner, mee mir waren hei méi large, well et e ganz wichtegen Thema ass.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ech wollt, Här President, wann Der erlaabt, wollt ech och dem Här Etgen Merci soen, well ech hat véier Minutten iwwerzunn. An dat war fir zéng Minutte scho vill. Ech soe Merci, mee ech mengen, dass et awer bei jiddwerengem wichteg war,



hei déi Riedezäit ze hunn, déi een och brauch, fir dass all Fraktioun hir Meenung zu dësem Sujet ka soen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Ech wäert dat u mäi Kollege President weiderginn. Dat eenzeg, wat ech bedauern, dat ass, dass ech hei uewe setzen an dass ech da mäi Bäitrag net dozou ka leeschten.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci gesot.

An dann huet direkt d'Regierung d'Wuert.

Fir d'éischt d'Madamm Finanzministesch. D'Madamm Yuriko Backes huet d'Wuert.

### **Prises de position du Gouvernement**

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Voilà. Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, d'Fro vun der Kafkraaft ...

*(Brouhaha)*

... ass definitiv e Sujet, deem der Regierung a mir selwer ganz um Häerz läit an dee mir ganz uewen op eiser Agenda hunn. Et ass e Sujet, deem den Alldag vun de Leit direkt betrëfft. Ech verstinn d'Suerge vun de Leit, grad vun deene sozial méi Schwaachen, wa si op d'Präisentwicklung op der Pompel, vun den Heizkäschen oder och am Supermarché kucken. D'Präisser vu ville Produite sinn iwwert déi lescht Zäit méi staark geklommen, wéi een dat soss gewinnt ass. Dat ass ganz einfach e Fakt.

Ass dat hei e rengt Lëtzebuerger Phenomeen? Neen, natierlech net. D'Inflatioun oder d'Präisdeierecht ass zu Lëtzebuerg zwar héich, awer an der Moyenne vun der EU. Eurostat geet fir Dezember 2021 vun enger Inflatioun vu knapp iwwer 5 % an der Eurozon aus. Fir Lëtzebuerg louch se deen Ament, laut dem harmoniséierten europäesche Präisindex, bei 5,4 %, also liicht driwwer. Laut dem nationale Präisindex louch den Inflatiounstaux zu Lëtzebuerg bei 4,1 % am Dezember 2021.

Wat sinn d'Grënn? Et hu scho verschidde vun den Orateuren, Deputéierte virdrun och doriwwer geschwat, mee Lëtzebuerg ass eng kleng an oppen Ekonomie an domadder direkt betraff vun allem, wat ronderëm eis geschitt. Ech denken do virun allem un d'Tensioun ronderëm Russland an d'Ukrain, déi d'Energiepräisser an d'Luucht dreiwien, genee wéi d'Auswierkung vun der Pandemie an den domat verbonnenen Drock op d'Liwwerketten, awer haaptsächlech och un de Fait, dass fir d'éischte Kéier säit ganz laanger Zäit déi ganz Welt zum selwechten Zäitpunkt aus enger Kris erauskënnt an iwwerall op der Welt gläichzäiteg d'Nofro nees unzitt.

Wéi laang geet dat dann nach esou weider? Ech mengen, et huet keen eng Glaskugel. Vill Observateuren hate bis elo gemengt, dass mer et hei mat engem temporäre Phenomeen ze dinne hätten. Et stëmmt sécherlech och, dass d'Energiepräisser immens héich sinn, mee d'Pétrolspräisser hunn awer iwwert d'Jore schonn ëmmer fluctuéiert a geopolitesch Tensiounen gouf et an der Geschicht ëmmer nees.

Ob d'Präisdeierecht an der zweeter Hallschent vum Joer awer erëm erfogoe wäert, ass de Moment net kloer. D'Zentralbanke ronderëm d'Welt hunn d'Situatioun op jidde Fall erkannt a Mesuren ugekënnegt, fir d'Inflatioun an de Grëff ze kréien.

Ech weess awer, dass dat doten elo keen Troust ass, wann ee sech elo all Dag mat sengem Auto deplacéiere muss, d'Haus oder d'Appartement mat Gas oder Mazout heize muss. Et ass awer eng wichteg Informatioun, well d'Mesuren, déi een huele géif, fir

op eng aktuell temporär Situatioun ze reagieren natierlech anerer sinn, wéi déi, mat deenen een op e permanenten oder op e strukturelle Wandel reagiere géif.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir d'Regierung war an ass et nach ëmmer eng Prioritéit, fir d'Kafkraaft vun de Leit ze erhalen an eropzesetzen. Ech wëll Iech dat dann hei och un enger ganzer Rei vu Beispiller illustréieren.

Iwwer verschidde ass scho geschwat ginn, mee da soen ech et eeben nach eng Kéier. An der Kris war eent vun deene wichtigsten Objektiv, d'Wirtschaft weider um Lafen ze halen, domadder d'Leit an der Aarbecht ze halen, eebe grad, fir hir Kafkraaft ze schützen. All d'Indicateure weisen, dass dat ons gelongen ass. Lëtzebuerg krut souwuel vun der Europäescher Kommissioun wéi vum FMI wéi och vun de Ratingsagencë fir déi effizient Krisegestioun gratuléiert. Mir sinn erëm um Chômageniveau vu virun der Krisenzäit. Och d'Faillite waren an de Joren 2020 an 2021 net méi héich wéi an de Jore virun der Kris. De Chômage partiel wor eng vun deene wichtigste Mesuren, fir d'Leit an der Aarbecht ze halen. Grad déi Leit, déi de Mindestloun hunn, kruten hei besonnesch ënnert d'Äerm gegräff, well de Staat 100 % vum Salaire iwwerholl huet amplaz 80 %.

Wat d'Kafkraaft ugeet: Laut de leschte verfügbaren Donnée vum Statec, an déi datéiere vum Hierscht, ass de Revenu disponible moyen, also d'inflationsberengte Kafkraaft, säit Jore kontinuierlech eropgaangen. Dat ass keen Zoufall, mee d'Resultat vun enger equilibréierter Politik mat enger ganzer Rëtsch vu Mechanismen a Mesuren. Ech denken ...

*(Interruption)*

... do, ech denken do an alleréischter Linn un den Index, ma och un d'Fiskaliteit an un all déi gezielte Saachleeschtungen.

E puer Wiederder awer zum Index.

Lëtzebuerg ass mat der Belsch, wéi mer wëssen, eent vun deene leschte Länner - dat ass mentionéiert ginn -, déi nach en Index hunn.

**Une voix** | Dee beschten!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Dee beschten, absolut!

*(Hilarité)*

Ech muss soen, grad an Zäite wéi deenen heite gesäit een erëm, wéi wäertvoll et awer ass, den Index ze hunn. Den Index, dat ass och gesot ginn, ass e Pilier vun eisem Sozialstaat, well eng automatesch Adaptatioun vun de Léin a Pensiounen un d'Inflatioun erméiglecht gëtt. Dank dem Index ass zum Beispill an eppes iwwer dräi Joer, zwëschen 2018 an 2021, de Mindestloun dräimol ugepasst ginn an zesumme mat der struktureller Erhéijung vun 2,8 % op den 1. Januar 2021 vun 2.048 Euro op 2.256 Euro eropgaangen; dat ass plus 10 %. De qualifizéierte Mindestloun ass iwwert déi selwecht Period vun 2.458 Euro op 2.708 Euro geklommen; dat ass och plus 10 %. De Grand-Duché huet domadder den héchste Mindestloun an der Europäescher Unioun.

Déi lescht Indexbranche, déi datéiert vum Oktober 2021. Déi gëtt vergiess, hunn ech e bëssen d'Impressioun. Déi datéiert vum Oktober 2021 ...

*(Interruption)*

... an ass d'ailleurs méi fréi wéi geduecht fäleg ginn, ma just grad, well d'Energiepräisser och esou séier geklomme sinn.

Dat beweist also, dass eise System funktionéiert.

A wann d'Entwécklung esou unhält, wäert déi nächst Indexbranche dann och erëm méi séier komme wéi geduecht an, wéi et am Moment ausgesäit, vläicht nach am Fréijoer.

Well mir den Index hunn, muss d'Diskussioun deemno bei eis awer eng aner si wéi déi am Ausland. A Frankräich kruten déi Stéit, déi manner wéi 2.000 Euro de Mount verdéngen, eng eemoleg Aide vun 100 Euro - dat ass mentionéiert ginn - am Dezember ausbezuelt, ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... fir d'Inflatioun ze kompenséieren. Mee zu Lëtzebuerg kréien d'Stéit schonn aleng duerch den Index iwwer 50 Euro méi, an dat net eemol, mee dat all Mount.

Nieft dem Index gëtt et dann awer nach eng ganz Rei Schrauwen, un deenen iwwert déi lescht Jore gedréit ginn ass, fir d'Kafkraaft ze stäerken. Ech wëll hei nach eemol un d'Steierreform vun 2017 erënneren. Bei der Privatleit huet se gezielt deenen Erliichterunge bruecht, déi se am meeschte gebraucht hunn.

Awer och de Mëttelstandsbockel konnt spierbar ofgeflaacht ginn. De Conseil économique et social huet dat a sengem rezenten Avis och nach emol confirméiert a konkret illustréiert. An ech zitëiere seng Konklussioun: „Les adaptations au niveau du tarif de l'impôt sur le revenu des personnes physiques et des crédits d'impôts prévues dans le cadre de la réforme fiscale 2017 ont pu diminuer la charge fiscale effective à payer par la majorité des contribuables personnes physiques.“

Ech wëll awer och nach emol un déi Steiermesuren erënneren, déi mat de Budgete vun de Joren 2019 an 2021 geholl gi sinn.

Am Joer 2019 ass de Mindestloun netto ëm 100 Euro eropgesat ginn, ënner anerem, andeems e spezifesch Steierkredit fir de Mindestloun agefouert ginn ass. 2021 goufen 22 Steiermesur fir méi Gerechtegkeet an Nohaltegkeet ëmgesat. En ligne mat de Prioritéite vun der Regierung, mee och vun den europäeschen Oplagen, fir eis Klimaziler ze errechen, huet d'Regierung eng CO<sub>2</sub>-Steier agefouert. Mat der Aféierung vun dëser Steier gouf gläichzäiteg de Steierkredit fir Leit mat niddregem Revenu vu 600 Euro op 696 Euro gehéicht.

An dësem Kontext wëll ech awer dann och de Statec zitëieren: „Les ménages des deux quintiles inférieurs bénéficieraient ainsi d'un crédit d'impôt de près de 140 EUR/an, ce qui engendrerait une compensation quasi intégrale du surcoût pour les ménages moyens de ces deux quintiles.“

D'Steierpolitik kann a soll awer net alles léisen. Op den 1. Januar 2021 ass nieft dem Mindestloun de Revenu d'inclusion sociale, de REVIS, ëm 2,8 % eropgesat ginn. D'Allocation de vie chère, den AVC, déi fréier Heizkäschenzoulag, déi deene Familljen zeguttkënn, déi et am meeschte brauchen, gouf fir 2022 ëm op d'mannst 200 Euro eropgesat. Dat si méi wéi 10 % par rapport zum Joer virdrun. Fir d'Joer 2021 wor se schonn ëm 10 % nohalte gehuewe ginn, a fir d'Joer 2020 wor se carrement verduebelt ginn.

Och huet d'Reindexéierung vum Kannergeld, déi zënter Oktober 2021 gräift, gezielt d'Kafkraaft vun de Familljen erhéicht.

Wann een dës Mesuren zesumme kuckt, also d'Erhéijung vum AVC, d'Indexéierung vum REVIS an d'Reindexatioun vum Kannergeld, da kritt zum Beispill en Elengerzéiende mat engem Kand, deem en onqualifizéierte Mindestloun verdéngt, järelech eppes méi wéi 1.400 Euro pro Joer bāi säit dem Ufank vun dëser Legislaturperiod.





E Stot, deen aus zwee Erwuessene besteet, déi en onqualifizéierte Mindestloun kréien an zwee Kanner hunn, kritt bal 2.300 Euro pro Joer bái am Verglach zum Joer 2018.

Och am Beräich vun der Education gëtt de Stéit ënnert d'Ärm gegräff. Esou bréngt d'Mesure, fir ville Kanner e gratist Mëttegiessen ze offréieren, engem Menage pro Kand eng 1.000 Euro am Joer, an dat vun der nächster Rentrée un.

D'Kannerbetreierung fir all d'Schoulkanner während der obligatorescher Schoulperiod bedeit fir eng Famill pro Kand ronn 350 Euro pro Joer méi an der Täsch.

Zousätzlech huet d'Regierung gratis Schoulbicher agefouert.

(Brouhaha)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Kollegeinnen, Kollegen, wannechgelift, e bësse méi lues! A wann Der eppes ze besprechen hutt, maacht dat virun der Dier! Et ass net ganz héiflech vis-à-vis vun der Ministesch. Et si jo ganz vill Froe gestallt ginn, Suggestiounen komm, da wannechgelift och nolauschteren, wat als Äntwerte kënn! Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Merci, Här President. Dann, voilà, och am Domän vun der Education - ech fannen dat ass e ganz wichtegt Thema -: D'Kannerbetreierung fir all d'Schoulkanner während der obligatorescher Schoulperiod bedeit fir eng Famill pro Kand ronn 350 Euro pro Joer méi an der Täsch.

Zousätzlech huet d'Regierung gratis Schoulbicher agefouert - dat wor bei der Rentrée 2018 op 2019 -, wat pro Joer ëm 300 Euro pro Kand ausmécht. D'Afëierung vun den 20 Stonne gratis Betreierung an der Crèche mécht fir eng Famill mat engem Kand pro Joer méi wéi 5.500 Euro aus.

Wat elo méi genau den Transport ugeet, wësse mer, dass säit bal zwee Joer, säit dem 1. März 2020, den ëffentlechen Transport komplett gratis ass an eisem Land. De Statec huet ausgerechent, dass dat fir e Menage mat Kanner eng Erspurnis vu ronn 500 Euro d'Joer ausmécht.

Mir sinn eis eens, dass den ëffentlechen Transport net an all Situatioun an zu all Zäit vum Dag déi beschte Situatioun duerstellt. Dofir wäert et och an Zukunft net ouni individuell Mobilitéit goen. Ma grad déi aktuell Situatioun weist, wou d'Risiko leien: bei der Ofhängegkeet vum Pétrol. Dofir ass et richtig, d'Leit weider ze encouragéieren, op méi ëmweltfrëndlech Transportmëttelen ëmzeklappen. Mir wëllen och net mat neie Mesuren den Tanktourismus erëm encouragéieren, well méi niddreg Präisser par rapport zum Ausland Lëtzebuerg erëm méi attraktiv maache wäert, wat op där anerer Säit awer méi schlecht fir eis CO<sub>2</sub>-Bilanz ass.

Bis zu 8.000 Euro finanziell Ënnerstëtzung kann een deemno beim Kaf vun engem elektreschen Auto kréien a bis zu 600 Euro beim Kaf vun engem elektresche Vëlo. Och kritt ee bis zu 1.650 Euro Ënnerstëtzung fir d'Installatioun vun elektresche Bornen, mam Resultat, dass een doheem Stroum tanke kann, amplaz deiere Bensinn oder Diesel op der Tankstell.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech all dës Mesurë kucken, dann ass et einfach falsch ze behaupten, dass dës Regierung näischt fir d'Kafkraaft gemaach hätt!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | D'Regierung huet d'Kafkraaft kontinuierlech gestärkt. En fait hu mer permanent anticipéiert.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Mir hu permanent anticipéiert.

D'Regierung wäert d'Entwécklung dofir och weider ganz genee am A behalen an do, wou néideg, agräifen, wann et sënnavoll ass a wann d'Finanzsituatioun vum Staat doduerch net nohalteg ënner Drock geréit, esou wäi mer dat och an der Vergaangenheet gemaach hunn.

D'Motioun vun de Majoritéitsparteien, déi deposéiert ginn ass, spigelt ganz gutt erëm, wat mir gemaach hunn, wat gemaach ginn ass a wat mer maachen. D'Regierung wäert an deem Sënn och eng konkret Proposition ausschaffen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och der Madamm Finanzministesch.

Eigentlech ass elo d'Riedezäit vun der Regierung ofgelaf. Mee ech géif dat awer d'selwecht behandelé wéi bei deene verschiddenen Intervenanten. Ech mengen, den Här Roth, dee scho Merci gesot hat fir d'Indulgence, ass och d'accord, sou wéi all déi aner Kollegen, ...

(Interruption)

... dass mer dem Energieminister nach e puer Minutte ginn.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mir hu selbstverständlech do kee Problem dermat. A mir héiere jo och gären d'Äntwert, déi den Energieminister eis, grad wéi d'Madamm Finanzministesch, gëtt.

An ech wëll mech och formell entschëllege vun eiser Säit, well et ware mir, déi eis concertéiert hunn. Dat sollt wierklech net als Zeeche vun Onhéiflechkeet vis-à-vis vun der Finanzministesch verstane ginn. Mir hunn eis just Froe gestallt iwwert den Inhalt vun der Motioun, déi vun de Majoritéitsparteien deposéiert gouf.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, dat ass och ganz legitim, dass ee sech concertéiert, mee besser concertéiere kann ee sech nach, andeem een ... Voilà, Dir hutt alles verstanen. Merci!

Dann huet den Här Energieminister d'Wuert.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Villmools merci. Ech mengen, d'Madamm Finanzminister huet et kloer duergeluecht: Dës Regierung handelt, huet scho gehandelt a wäert och nach handelen. An d'Motioun vun de Majoritéitspartei weist dat jo och ganz kloer.

Ech brauch eigentlech just zwee, dräi Wuert ze soen zu enger Rei energiespezifische Saachen.

Dat Éischt ass d'Versuerungssécherheet. Ech mengen, Dir wësst, dass mer an enger schwieeger Situatioun si mat Russland. Mee ech kann Iech assureieren, dass mer am Moment ganz enk um europäeschen Niveau zesummeschaffen, fir d'Versuerungssécherheet besonnesch beim Gas an Europa sécherzestellen.

An dann ass et och esou, dass mer scho gehandelt hunn! An den Här Gloden huet elo grad eng Zwëscheremark gemaach, de Stroum wier dach esou deier. Dat stëmmt net! Mir hunn nämlech um 1. Januar den

Deel, deen d'Bierger bezuele fir d'erneierbar Energien, ofgesenkt, an duerfir konnte mer déi Präishaussen, déi um Marché waren, gréisstendeels opfänken. Dat heescht, beim Stroum hu mer schonn eng Mesure ergraff, déi ab dem 1. Januar also en place ass, fir de Bierger och bei der Kafkraaft beim Stroum entgéintzekommen.

An dat anert maache mer jo elo. Dat heescht, mir setzen an der Regierung zesummen a mir wäerten Iech an den nächste Wochen eng konkret Propos maachen. An dat ...

Also ech muss Iech soen, wat ech bal e bëssen absurd hei fonnt hunn, Här Roth: Dir schwätzt hei als Finanzexpert an Dir vergiesst ze erwänen, dass mer eng Indexbranche haten am Oktober, déi jo awer déi Mesure par excellence ass, wou mer eigentlech d'Kafkraaft vun de Lëtzebuerger sécherstellen.

**Une voix** | Très bien!

(Interruptions)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat ass fir de Passé, Här Minister!

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Dat Lescht: D'fossil Energiepräisser si Präisser, déi kënnen extrem volatil sinn. A mir wëssen, dass mer och klimapolitesch mussen eraus. An, vläicht kritt Der jo heiansdo Biller, ech hat d'Foto gesi vun der Pressekonferenz vun der CSV - den Här Galles, dee war bal aus dem Bilderausgefall, well ech weess net, ob déi Moosnamen, déi Der do ..., déi Moosname sinn net klimafrëndlech! A si sinn net sozial selektiv!

Mir als Regierung, ...

(Interruption par Mme Martine Hansen)

(Interruptions diverses et protestations)

... mir als Regierung, mir huele Moosnamen, déi si klimafrëndlech ...

(Brouhaha général)

**Plusieurs voix** | Oo!

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | ... an déi si sozial gerecht.

(Interruptions)

Gutt. Eppes Leschtes nach zur Klimabonusetüd, déi vum Här Clement gefrot ginn ass: Ech mengen, mir hunn eng CO<sub>2</sub>-Steier, déi ass sozial gerecht. Déi bréngt Suen an d'Keess, fir de Leit konkret Alternativen ze ginn, vu Masutt a Gas eriwwer op ëmweltfrëndlech Heizungen, vu fossillen Autoen eriwwer op elektresch gedriwwen Autoen, déi klimafrëndlech sinn an esou weider an esou weider. An duerfir gesi mir och als Regierung net de Sënn, firwat mer sollen do eng Etüd maachen iwwer eppes, wat eiser Meinung no elo schonn en place ass a wat ganz gutt funktionéiert.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Kann ech eng Fro stellen? Dat war net déck!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, da bleift den Energieminister nach ee Moment hei. Den Här Kartheiser war vir. Wann den Här Energieminister d'accord ass?

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Gären.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. An och e grouse Merci un den Här Energieminister. Ech hat zwou Froen, wéi ech Iech nogelauschtert hunn, Här Turmes.

Déi éischt ass: Dir schwätzt dovun, datt Der d'Wierkung vun de Stroumpäisser konnt reduzéieren, opfänken.



Elo wollt ech Iech froen, och nämlech fir eis Betriber: Wësst Dir zoufällg, wat eng Kilowattstonn a Frankräich kascht an eng Kilowattstonn fir eis Entreprises hei? Soss kann ech Iech et soen. Mee Dir kënnt et bestëmmt selwer besser ukënnegen.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Sot Dir emol! Sot Dir emol!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dat war déi éischt Fro ...

*(Brouhaha général)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech hätt gär, ech hätt gär, ...

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Sot Dir emol!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Här Kartheiser, dat war déi éischt Fro. Déi zweet Fro?

*(Brouhaha général)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Nee. Et ass nämlech esou, datt ech gär hätt, datt den Här Energieminister unhand vun där Differenz erkläert, wéi d'Kompetitivitéit vun eisen Entreprises sech soll weiderentwéckelen.

Déi zweet Fro, dat ass d'Volatilitééit. Dir hutt gesot: „Et ass näischt méi volatil wéi d'Präisser vun der fossiller Energie.“ Wéi ass et da mat der Volatilitééit bei de Präisser vun den alternativen Energien?

Wa Sonn do ass oder Wind do ass, wa Spëtzenzäiten do sinn, wann ee muss ufänken, zu Negativpräisser Energie ze verkafen, mengt Der dann net, datt déi Volatilitééit bei de Präisser vun den alternativen Energien nach wäit méi héich ass wéi déi vun deene verschiddene fossillen Energien? An datt déi och beaflosst gi vun dem Desinvestissement, well Der zum Beispill de Gas, den Investissement a Gas net méi attraktiv maacht? Dat sinn déi Froen, déi ech Iech wollt stellen, Här Minister.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Ech géif och direkt dem Sven Clement d'Geleeënheet ginn, fir ze reagéieren. Da kann den Här Minister en bloc äntwerten. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Iwwert d'Stroumppräisser doheem wëll ech elo net schwätzen. Déi sinn tatsächlech méi niddreg zum Beispill wéi an Däitschland.

Wann ech awer elo iwwert d'Elektromobilitéit, déi de Minister jo och fërdere wëllt, schwätzen, da war ech awer den 1. Januar - an ech si jo och Usager dovunner - béis erstaunt, wéi ech Dunn d'Präishauss gesinn hunn, déi op de Chargy-Burnn applizéiert gouf: Do war et d'lescht Joer nach esou, datt déi Kilowattstonn 26 Cent kascht huet a säit dem 1. Januar kascht déi nämmlech Kilowattstonn 34,5 Cent. Do muss ee sech dann awer schon d'Fro stellen ... Dat si bal 25 % Augmentatioun vum Präis um Elektroauto. Dat ass eppes, wat dës Regierung jo awer fërdere wëllt. Da soll kee mer soen, d'Elektromobilitéit géif méi abordable gemaach ginn, wa mer 25 % Präishauss hunn op der eenzeger net fossiller Méiglechkeet, fir sech fortzebeweegen!

Also do wëllt ech dann awer gären eng Erklärung, wéi mer grad dat deene Leit erklären, déi vläicht an der Vergaangenheet Geld investéiert hunn, fir sech esou en Auto ze kafen, an déi elo gesot krute vum quasi Monopolist, muss ee jo soen: „Majo Pech, domm gaang; et ass elo 25 % méi deier.“ Dat ass quasi déi nämmlech Präishauss wéi op aneren ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Ech mengen, mir hunn Iech verstanen, Här Clement. Et ass elo um Energieminister.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Gutt. Also, ech mengen, bei de Betriber ass et esou ... Mir hunn zesummen d'lescht Woch, de Franz Fayot an ech, e Bréif geschriwwen un d'Kommissioun. Ech mengen, mir sinn an enger exzeptioneller Situatioun a mir brauchen duerfir och fir d'Betriber eng Rei exzeptionell Mesuren.

Mir hunn et fäerdegbruecht, dass mer e ganz gudden Aideregimm kritt hu fir d'Ëmstellung an der Industrie vun CO<sub>2</sub> eriwuer op klimafrendlech Saachen. Deen ass de 15. Dezember vun der Madamm Vestager presentéiert ginn. Deen ass och, dank eisem Afloss, elo wierklech extreem gënschteg gi fir d'Industrie. A mir sinn elo mat hinne an Gespréich, fir ze kucken, ob mer och e gezillt Instrument hunn, wéi mer der Lëtzeburger Industrie entgéintkommen.

An d'erneierbar Energie sinn d'Zukunft. A maacht Iech do emol keng Suergen: Dat geet elo ganz rapid! An do hutt Der och e gutt Zesummespill zwësche Solarenergie, Wandenergie um Land, Wandenergie um Mier, Waasserkraaftwierker, duerno dee grénge Waasserstoff. Mir hunn e Stroumnetz, wat iwwer ganz Europa integréiert ass. Ech sinn do ganz optimistes, dass mer do schnell a gutt virukommen.

Ech mengen - zum Här Clement -, ech kommen elo eng Kéier an d'Kommissioun, da kann ech Iech den Detail dovunner ginn. Et ass esou: Den Chargy-System, déi Bornen, déi opgeriicht gi sinn, déi ware ganz héich subventionéiert. An dat war erlaabt ginn 2012, 2013. An et ass eng Ännerung komm um europäeschen Niveau. Dat heescht, mir dierfen déi net méi iwwert de Stroumclient selwer finanzéieren, wat mer bis elo gemaach hunn. Mir mussen dat elo aneschters organiséieren an duerfir hu mer misse déi liicht Präishauss maachen. Mee nach eng Kéier ...

*(Interruptions)*

Ma nee. An ...

*(Interruption par M. Sven Clement)*

Nee, et ass jo esou: De Gros vun de Leit, déi en Elektroauto hunn, tanken doheem. An dat anert, wat Der gären eng Kéier kënnt kucken, an ech kann Iech awer och d'Donnéeë schécken: Wann Der d'Präisser kuckt um Chargy zu Lëtzebuerg, wann Der d'Präisser kuckt um Superchargy zu Lëtzebuerg, an da vergläicht Der se mat Däitschland, vergläicht Der se mat der Belsch, vergläicht Der se mat Frankräich, da gesitt Der, dass mer iwwerall méi gënschteg sinn!

An dat ass natierlech och eppes, wat mer politesch esou eigentlech organiséiert hunn, fir et hei zu Lëtzebuerg eeben de Leit esou einfach wéi méiglech ze maachen, fir vun der fossiller Ofhängegkeet ewechzekommen. An duerfir hu mer och esou vill Leit, déi elo op Elektresch ëmklammen.

Ech soen Iech villmools Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Domat wäre mer mat der Diskussioun um Enn.

### Motions

Mir géifen zu der Diskussioun an der Ofstëmmung vun de Motiounen kommen.

### Motion 1

D'Motioun Nummer 1, déi vun de Majoritéitsparteien abruucht ginn ass: Wëllen do d'Auteurs nach eppes dozou soen?

Dat schéngt mer kloer emol fir de Moment ze sinn.

*(Interruption par Mme Myriam Cecchetti)*

Da géif ech dem Här Roth d'Wuert ginn.

**Une voix** | A!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, Dir kritt alleguer d'Wuert! Ëmmer mat der Rou!

*(Brouhaha)*

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, ech hunn dat awer net esou gesinn. Merci.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President, erlaabt mer am Numm vun der CSV-Fraktioun dann zu der Motioun Stellung ze huelen, déi vun de Majoritéitsparteie virgeluecht gouf, an och op e puer Remarken zréckzekommen, déi am Laf vun dëser Debatt gemaach gi sinn.

Ech hu festgestallt, dass mir als CSV véier ganz konkreet Propose gemaach hunn. Déi sinn zum Deel hei ofgewigelt ginn, mee mat kenge konkreeten Argumenter. Dat war esou pauschal Kritik. An ech hu gesinn, dass keng konkreet ...

**Une voix** | Dat ass net wouer.

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... Géigemoossname ...

**Une voix** | Dat stëmmt guer net!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... komm sinn.

*(Brouhaha général)*

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Da lauschtert Dir net no, Här Roth! Nee, also ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, jo!

*(Interruptions)*

Da gëtt, ...

**Une voix** | Et war jo elo e gudden Debat.

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... da gëtt geschwat, ...

**Une voix** | Et war e gudden Debat. Och vun Iech, bis elo!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... da gëtt gesot: Déi Propose vun der CSV, déi wieren „net sozial cibléiert“. Also, wann ech d'Propos, wann dat déi ass vun der LSAP, gesinn, dass 250.000 Stéit am Land sollten 100 Euro kréien ... Wësst Der, wéi vill Stéit dem Statec am Land no sinn? 269.000. Dat heescht, wa 95 % vun de Stéit sollten 100 Euro kréien, wann dat sozial cibléiert ass ... Also 100 Euro, dat geet duer fir een Tank!

**Une voix** | Jo.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Fir de Mindestlounbezéier wéi fir de Millionär. A wann dat sozial cibléiert ass, dann hunn ech en anert Verständnis dovunner.

**Plusieurs voix** | Très bien!

*(Brouhaha)*

**M. Gilles Roth** (CSV) | An dann ass dat net déi sozial Cibléiertheet, déi fréier d'Lëtzeburger Sozialistes Aarbechterpartei hei virbruecht huet.

Zweete Punkt ...

**Une voix** | Frot Iech eng Couche!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Zweete Punkt: den Index. Do soen d'Madamm Ministesch hei an den Här Turmes: „Ma wësst Dir net, dass den Index am Oktober erfällt ass?“ Ma den Index, dat ass e Gesetz! Dat ass net ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... d'Gutmütgkeet vun dëser Regierung! Wann den Index erfällt, dem Gesetz no, da muss e bezuelt ginn! Dat ass esou!

*(Interruption)*

A mir bedauern, mir bedauern, Madamm Minister an Här Turmes - an dat ass dat, wat net sozial gerecht ass, an dat kritiséiere jo d'Chambre des Salariés,



d'Chambre des Fonctionnaires -, dass Dir eng CO<sub>2</sub>-Steier agefouert hutt an dass déi net an den Index mat drakomm ass! Dat ass de Punkt!

Den drëtte Punkt: klimaneutral. Also wann d'Klimaneutralitéit dora sollt bestoen, dass d'Fra oder de Mann, Elengerzéier mat 3.100 Euro netto, dass déi keng Kilometerpauschal solle kréien, an déi Sue solle geholl ginn, wéi dat bis elo de Fall ass, fir de Mann oder d'Fra, déi mat dem Porsche Taycan ronderëmfiert an duerfir 8.000 Euro Primm vum Staat soll kréien, also dann huet dat weeder eppes mat Klimaneutralitéit nach mat sozialer Selektivitéit ze dinn!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Dat ass eng Politik, wéi se richtig steet an, wéi ech am Ufank gesot hunn, déi ideologesch gefieert ass fir deen een an deen aneren, fir deem Rouden, deem Bloen, deem Gréngen eppes ze ginn zéng Méint virun de Wale. Dat ass op jidde Fall net déi Positioun, déi mir als CSV verrieden.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | A wann ech dann déi Motioun hei kucken, dat ass eigentlech, musse mer soen, déi selwecht Motioun praktesch op ee Punkt près wéi déi, déi Der den 21. Oktober, mengen ech, 2021 ... Ech gesinn d'Madamm Cecchetti, ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Den 11.11.2021.

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... den 11.11.2021, ...

**Plusieurs voix** | Aa!

**Une voix** | Da rektifizéiert dat lo mol!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... den 11.11.2021 hei an der Chamber virgeluecht hutt. D'CSV huet deemools dergéint gestëmmt. Mir stëmmen och dës Kéier dergéint, well dat ass eng Selbstbeweihräucherung vun deem, wat bis elo geschitt.

(Interruption)

A wann ech déi Moossnamen do gesinn, da muss ech Iech soen: Also, wann Dir sozial Selektivitéit doranner fannt, dass all Mënsch gratis Schoulbicher kritt; wann Dir sozial Selektivitéit dora gesitt, dass d'Gratuitéit vun den Iessen an de Kantinnen an de Schoulen agefouert ginn ass ... An dat wiere Familles à revenus faibles! Wann ech dat ëmrechnen, wat eng Famille à revenu faible ass: Dat ass eng Famille, déi huet e Bruttoloun vun 9.024 Euro de Mount!

Duerfir soen ech nach eng Kéier: Selbstverständlech, mir si bereet an all Concours d'idées, dass mer diskutéieren iwwer Moossnamen. An ech soen Iech zum Schluss: Mir hätten eigentlech hei erwaart, wann eng Regierung hei kënt a seet: „Mir handeln“ ... Wat hutt Dir hei virgeluecht? Mir hätten eigentlech erwaart, Madamm Minister, Här Minister, dass Der haut am Concours d'idées, deen Der jo ëmmer vun der Opposition frot, dass Der hei mat dem Staatsminister zesummen eng Rei vu Moossnamen, alternativ Moossname virgeluecht hätt, déi Der argumentéiert hätt. Dann hätte mer kënnen doriwwer diskutéieren.

An an deem Kontext, soen ech Iech ganz kloer, hätte mer léiwer gehat, dass mer e Staatsminister gehat hätten, deen e Plagiat vun dem Här Macron senge Moossname gemaach hätt, dass en als éischt Moossnam emol agefouert hätt, wat d'Fransouse gemaach hunn, nämlech eng Deckelung ...

(Exclamations)

**Plusieurs voix** | O!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... vun de Präisser.

(Brouhaha)

Dat gesot, wäert d'CSV géint dës Moossname stëmmen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Elo si mer awer frou. Mir hunn eppes bäigeléiert.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Den Här Kersch, dee gefrot hat, kritt och elo d'Wuert.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här President, ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Här Kersch!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | ... eigentlech wollt ech net an dësen Debat agräfen, mee no deem, wat den Här Roth ganz am Ufank a senger éischter Interventioun gesot huet, mee virun allem, wat en an der zweeter Interventioun gesot huet, mengen ech, kommen ech net derlaanscht.

Ech wéilt einfach emol eng Kéier rappeléieren, Här Roth - an do gitt Der mer jo warscheinlech Recht -, dass dat heite jo net déi éischt Hausse ass, extreem Hausse ass, déi mer an den Energiepräisser hei zu Lëtzebuerg fannen! Et ass emol eng Kéier eng Zäit ginn - ech hunn dat och genau nogekuckt an de Statistike vum Statec: genau den 12. Oktober 2010 -, do ware mer bei engem Präis fir de Liter Mazout, vun deem mer schwätzen, vun 132,6 Cent. Haut, den 1. Februar 2022, si mer bei engem Präis vun 147,5 Cent.

Et ass also net déi 50 %eg Erhéijung, vun där Der virdu geschwat hutt, mee dat ass genau eng Erhéijung ënnerhalb vun zéng Joer vun 11,2 %. An deemools - dat war jo eng Zäit, wou Är Partei nach an der Regierung war - ass et och eng Propos ginn, wéi mer sollten op déi steigend Präisser am Energieberäich reagéieren. An dat war d'Propositioun vun der CSV, fir d'Energie aus dem Index erauszehuelen. Dat ass dat, wat Dir deemools virgeschloen hutt! An haut kommt Der heihinner a stellt Iech duer, wéi wann Dir déi wäert, déi wéilten elo hei dem Land nëmme gutt Dote maachen, andeem se elo missten drop reagéieren.

Dir hutt hei vun alle Regierungsparteien, wierklech vun alle Regierungsparteien, e kloert Bekenntnis kritt, dass mer eppes géifen an deem Beräich do maachen. Dir hutt an Ärer leschter Interventioun total ënnerschloen, dass d'LSAP zwou konkret Propositione gemaach huet!

(Protestations)

Dir hutt vun enger geschwat, do si mer eis eens, dat ass eng Mesure, déi all Mënsch géif hëllefen. An dat anert ass eng ganz cibléiert Mesure, déi mer proposéieren, déi genau deenen am meeschten hëllef, déi et am meeschte brauchen!

Also, wannechgelift, bleift e bësse bei der intellektueller Eierlecheek an erënnert Iech virun allem un dat, wat Der emol fréier gesot hutt!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Weider Wuertmeldungen? Den Här Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo, merci, Här President. Ech wäert mech ganz kuerz faassen. D'ADR wäert déi Motioun do ofleenen, fir d'éischt emol wéinst de Consideranten: „Flambée actuelle des prix de l'énergie“ ass och duerch d'„Tensions géopolitiques“, mee et ass och duerch Tensions par la politique verte. Wéi ech virdu scho gesot hunn: Mir kënnen net gläichzäiteg aus Kuel an Atom aussteige wëllen an eis da wonneren, dass d'Gaspräisser an d'Luucht ginn!

Da wollt ech och eppes soen zum Thema „handelen“: Et ginn dann dräi Konklusionen hei gezunn, mee dat ass alles anescht wéi handeln! Déi éischt Proposition, déi gemaach gëtt, ass „à suivre de près l'évolution des prix“. Dat ass net handeln, dat ass

observéieren. Et ass och gutt, dass ee soll observéieren. Et ass jo och näischt dergéint ze soen. Mee dat ass net handeln!

Da steet do: „à maintenir l'indexation automatique des traitements“. Dat wär och nach méi schéin, wa mer déi och nach géifen ofschaffen! Dat wär eng Katastroph fir eist Land!

Dat ass och net handeln! Dat ass ...

**Une voix** | Net mat eis!

**M. Roy Reding** (ADR) | Mat eis och net!

An da schlussendlech „une aide exceptionnelle [...] afin de faire face aux prix de l'énergie“. Do hunn ech Iech gesot: A menger Interventioun, do gëtt et eng ganz einfach Mesure, déi kënt Der muer wielen, Der braucht net nees eng komplizéiert Aide a Gott weess wat: Setzt d'TVA vu 14 % op 3 % erof a schaaft Är CO<sub>2</sub>-Steier of! Dann hu mer eppes gemaach géint d'Deierecht ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Wie profitéiert am meeschten dovunner?

**M. Roy Reding** (ADR) | ... vum Brennes.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Déi, déi am meeschte verbrauchen. Dat heescht, déi mat den décke Portmonnien.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Dann huet gefrot den Här Gilles Baum. Dir kommt och direkt drun.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Just e puer Wuert awer och zu eiser Motioun. An ech mengen, et war awer wichteg, an et ass bei deem engen oder anere Spriecher ugeklongen, wat fir Mesuren an de leschte Joren awer geholl gi sinn. Dat gëtt awer ganz oft am politeschen Debat vergiess. An ech mengen, mir sinn awer am Rôle, fir d'Leit dobaussen drun ze erënneren, wat alles gemaach ginn ass. An ech wëll se net hei nach eng Kéier opzielen, mee ech wëll se duerchgoen.

A mir bekennen eis hei och am drëtten Tëret zu enger cibléierter ..., zu engem One Shot, zu enger cibléierter Ënnerstëtzung fir d'Leit, fir effektiv an dëser Situatioun de Leit ënnert d'Äerm ze gräifen. An déi soll och socialement ciblé sinn. Ech mengen, do kënnen mer eis dann e Modell ausdenken. Mee dat, wat wichteg ass, dat ass, dass déi dräi Parteien, déi dës Säit sëtzen, déi déi Motioun ausgeschafft hunn, hei honnert Prozent hannendru stinn. An ech kann, mengen ech, dovunner ausgoen, dass se och op dëser Säit wäert gestëmmt ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och dem Här Baum. Dann huet d'Wuert d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Als Alleréisch emol wollt ech op de Rappelant hei agoen. Et ass ganz flott, dass Der dat erëm emol eng Kéier an d'Motioun geschriwwen hutt, dass Dir selwer Iech rappeléiert, dass Der eng Motioun eraginn hutt den 11.11.2021. An ech hunn do elo awer e bësse missen nokucken, wat drasteet, well ech wousst dat net méi auswenneg vun do un. An dunn hunn ech dann esou Saache gelies wéi „à analyser“, „à évaluer“, „à analyser“, „à évaluer“, an ech hu mer d'Fro gestallt: Ass dat dann alles gemaach ginn?!

**Une voix** | Très bien!



**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Well ech hunn nach näischt dovunner héieren! Ech hunn nach näischt dovunner gesinn! Ech sinn awer och Member vun dëser héijer Kummer hei. An ech wär interesséiert, déi Analysen, déi Euvréierungen an déi Evaluéierungen do ze héieren an d'Chifferen ze hunn!

Da ginn ech awer op déi dräi Tireten an, wou de Gouvernement invitéiert gëtt: „à continuer à suivre de près l'évolution des prix“. Dat stoung iwwregens och schonn an där Motioun vum 11.11.2021. Mee ech hoffe jo awer, datt eis Regierung dat mécht! Datt eis Regierung d'Inflation am Bléck huet! An datt net d'héicht Haus hei muss eng Motioun stëmmen, fir datt dat geschitt, well da wier ech awer e bëssen erféiert!

Dann dat Zweet: „à maintenir l'indexation automatique“. War do ieren elo rieds, datt een déi vläicht sollt ofschafen?

*(Interruption)*

Ech hoffe jo net! Ech hoffe jo net.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat wier awer mat dra gewiescht. Dann hätt Der gemierkt, dass et Leit gëtt, déi dat wëllen.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech hoffe jo wierklech net, well dat wier awer wierklech allerhand!

An dann „à mettre en place une aide exceptionnelle et unique socialement ciblée“. Une aide exceptionnelle - et ass elo rieds gaange vun 100 Euro, dat steet elo net hei. Wéi vill soll dat sinn? Wou ass de Plaffong? Bis wéini kréien d'Leit dat? Déi Leit, déi wierklech en besoin sinn - sorry, eemol am Joer 100 Euro, dat geet wierklech net duer. Dat ass eng Drëps op de waarme Steen. Mee just wéinst deem doten Tret kéint mir déi Motioun hei matsëmmen. Awer just dowéinst!

Mee dat geet bäi Wäitem net duer. Mir hunn x Proposen eraginn. Mir hu Proposition-de-loien eraginn. A mir wiere wierklech frou, wa méi en déiwen Debat doriwwer géif gefouert ginn a wann och wierklech am Fong eppes géif geännert ginn, fir deene Leit éierlech ze hëllefen.

Merci fir d'Nolauschten.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Dann huet d'Wuert den Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Ech soen eigentlech och gären nach eng Kéier der Chamber Merci fir déi Debatt hei, déi wierklech e Concours d'idées war. An eigentlech ass dat Format, wat mer hei erausgesicht hunn, wéi den Här Clement sot, net dat richteg. Mir hätten eis hei eigentlech sollen en anert Format eraussiche wéi eng Heure d'actualité. Dat hei huet scho bal de Charakter vun enger Consultationsdebatt, well ech hunn eng ganz Partie Iddien hei héieren.

Ech wëll och der Regierung Merci soen, datt si nach eng Kéier alles rappeliert huet, wat an deene leschte Joren awer geschitt ass. An et ass och gutt, dass se dat gemaach huet, well dës Majoritéit scho villes gelescht huet, fir déi sozial Gerechtegkeet ze steigern an ze erhalen. An all déi Saachen, déi hei opgezielt gi sinn, dat si keng Gadgeten. Dat si fir d'Leit keng Gadgeten, dat sinn Hëllefen, direkt Hëllefen en nature oder Déngschtleeschungen, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... déi d'Leit an ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... d'Familljen, a vill Familljen, hei zu Lëtzebuerg gären an Usproch huelen an och brauchen. An dofir war et gutt, déi mol eng Kéier alleguerten ze rappeliieren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Déi eenzel Iddien, déi hei ausgetosch gi sinn, mengen ech, huet d'Regierung haut héieren. Si weess, wat mer gären hätten. Ech mengen, mir sinn eis och op ganz ville Punkten eigentlech eens, dass séier muss gehandelt ginn. An dat ass jo de Problem. An do kommen ech vläicht op en Optrag och un eis als Chamber, eis emol Gedanken ze maachen, well alleguerten déi Iddien, déi mer hei hunn, hunn alleguerten iergendwou e klengen Hoken. Mir kréie se net ëmmer ganz esou sozial gerecht, wéi mer et gären hätten, wa mer et gäre séier hätten. An dat huet domadder ze dinn, dass mer just dat eenzegt Instrument hu vun der Allocation de vie chère.

Do gëtt et Iddien, fir déi ze reforméieren. Ech si gäre bereet, doriwwer an der Chamber ze schwätzen, mee vläicht muss mer eis och emol als Chamber Gedanke maachen, fir e weidert Instrument ze schafen. Well déi heiten Diskussioun, an där mer soen: „Hei, mir därefen net nëmmen déi ganz Schwaach an der Gesellschaft ënnerstëtzen. Déi muss mer natierlech ënnerstëtzen a vill ënnerstëtzen, mee et gëtt doriwwer eraus och nach en aneren Deel vun eiser Gesellschaft, deen och an d'Laberente kënnt“, déi wäerte mer nach méi dacks féieren. An déi wäert ëmmer erëmkommen!

Dofir ass dat vläicht och en Optrag un eis als Chamber, eis emol Gedanken ze maachen, fir un deem Instrument, dat mer hunn, ze schaffen, mee vläicht eis och Gedanken ze maachen, ob mer net en neit Instrument kéinten aféieren.

An ech wëll als Fraktiounspresident vun der LSAP soen: Jo, mir stinn zu där Motioun, déi hei vun de Majoritéitsparteien eragereecht ginn ass. Ech stinn zu all Wuert, dat hei drasteet. A ganz besonnesch och zu deem leschte Saz, nämlech: „mettre en place une aide exceptionnelle“. Mir stinn dozou! Mir hätte gären - d'Regierung huet eis och haut héieren -, dass och elo konsequent eppes geschitt.

An do huet den Här Clement Recht gehat a senger Motioun, dass mer ... De Staat däreft net herno dostoien als de Profiteur vun där Kris. De Staat kritt jo duerch ...

**Plusieurs voix** | A!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... d'Energiepräisser eng ganz Partie Recetten. An ech géif et nëmme richtig fannen, wa mer déi géifen huelen, fir déi dann och erëm an de Stéit ze verdeelen, besonnesch bei deenen, déi dat am néidegsten hunn.

Merci.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Ech gesinn ...

*(M. Sven Clement fait signe à M. Mars Di Bartolomeo.)*

A! Ech brauch mech net bei Iech ze entschëllegen, well Dir suertg schonn derfir, dass Der net iwwersi gitt.

**M. Sven Clement** (Piraten) | O, Här President, ech ...

*(Hilarité)*

... schaffen drun, manner visibel ze ginn, mee dat geléngt mer net esou séier, wéi Der dat gären hätt!

*(Brouhaha)*

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, also wann dës Säit vun der Chamber déi heite Motioun deposiert hätt, dann hätte mer dräimol wéi aus engem Mond ee Wuert héieren: ...

**Une voix** | Superfétatoire!

*(Brouhaha)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... superfétatoire! Et ass ... Wéi geruff kënnt d'Wuert! Ech mengen, mir hunn et alleguerten zum Hals eraushänken.

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech mengen net, dass Der se an där doter Form deposiert hätt.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Firwat ... Nee, mir hätte se och net an där doter Form deposiert, well, ...

*(Brouhaha)*

... ganz éierlech, mir sinn elo an enger Situatioun, an där d'Kafkraaft vu verschiddene Stéit haut net méi garantéiert ass. Do ass et relativ egal, ob mer virun zwee Joer oder virun dräi Joer - hei si Saache vun 2019 dran, ne! - eppes gemaach hunn, fir d'Kafkraaft deemools ze hiewen. Jo, ech sinn absolutt frou, datt mer deemools eppes gemaach hunn, fir d'Kafkraaft ze erhalen an ze erhéijen. Mee de Punkt ass: Wann Der et net gemaach hätt, wär et elo nach méi dramatesch!

*(Brouhaha)*

Mee et ass awer nach ëmmer schlecht elo! Et kann een awer net soen: „Just, well mer deemools eppes gemaach hunn, vergiesse mer, wat haut ass!“

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat maache mer jo net.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ëm Gottes wëllen!

An dann, ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Genau dat!

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... an da kommen déi dräi Invitten. D'Kolleeginnen an d'Kolleegen hunn et scho gesot. Déi dräi Invitten. Also als Éischt emol: „à continuer à suivre“ ... Also ganz éierlech: Wann d'Regierung dat net mécht, dann huet se besser, se hëlt den Hutt, se geet bei de Grand-Duc niewendrun - pardon, nee, deen ass a China, da musst Der e bësse waarden, bis en erëm do ass -, an da presentéiert Der Är Demission. Well ganz éierlech: Wann Der d'Energiepräisser net méi suivéiert, dann hutt Der wierklech Är Mindestaufgab net méi gemaach!

Dann: „à maintenir l'indexation“. Also mir hunn deemools d'Motioun matgestëmmt hei an der Chamber, an där ënner anerem drastoung, datt Der den Index wéilt bäibehalen. Ech wär batter enttäuscht vun Iech, wann Der dat elo net géift maachen. Dofir: superfétatoire. Dir hutt dat méi wéi eng Kéier versprach.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Soulaang d'LSAP an der Regierung ass, wäert dat och an all déi Motiounen dra kommen.

*(Interruptions diverses et hilarité)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, mee gutt.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | An net nëmmen an der Motioun stoen!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ça va mieux en le disant. Mee finalement muss ee feststellen: Et ass gesot, mee et huet och keen de Contraire behaapt.

An dann déi „aide exceptionnelle“ - an den Här Cruchten huet awer eppes vergiess ze soen, wat hannendru steet - „et unique socialement ciblée“. Ech hu virun der Madamm Hemmen gutt nogelauschert.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | D'Madamm Hemmen huet eppes gesot, an dat war: Déi Aide, déi si proposéieren, soll un all Stot ausbezuelte ginn.

**Une voix** | Genau esou.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Se nickt. Ech hu se also richtig verstanen. Wou ass do - pardon, ech verstinn



et net! - de „socialement ciblée“? Ech mengen, dës Regierung hei, ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Déi zwou Propose kucken!

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... déi dräi Parteien, ... Den Här Cruchten ...

*(Interruption par M. Yves Cruchten)*

... sot, e géif komplett zu deem ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir hutt nëmmen hallef, ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... Saz stoen.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | ... Dir hutt nëmmen hallef nogelauschtert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech hu festgestallt ... Seng Fraktiounsspriecherin huet virdu gesot: „fir all Stot“, an den Här Cruchten steet zu „unique socialement ciblée“. Do muss ech awer soen: Wann et esou e Klinsch an der Koalitioun gëtt, ma da bleiwen ech bei menger, ...

*(Exclamations)*

... bei menger Propos: ...

*(Brouhaha)*

... Gitt an d'Haus niewendrun. Dir wësst, wat Der ze maachen hutt!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Wéi ëmmer: Hallefwoorechten ...

*(Interruptions)*

... gi keng gutt Ried.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Dat do ass awer wierklech ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Hallef nolauschteren an Hallefwoorechten, dat gëtt keng gutt Ried.

*(Interruptions)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Mir kommen erëm zu der Serenitéit zrëck. Huet d'Regierung nach eppes zu der Motioun ze soen?

*(Brouhaha)*

Ech mengen, d'Madamm Ministesch hat ...

*(Brouhaha)*

Wannechgelift! Wannechgelift!

*(Brouhaha)*

D'Madamm Ministesch hat dozou Stellung geholl.

Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert déi éischt Motioun iwwergoen.

*(Interruptions)*

#### **Vote sur la motion 1**

Wien dermat d'accord ass, stëmmt mat Jo. A wien net dermat d'accord ass, stëmmt mat Nee. An ech lancéieren de Vott. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

33 Députéiert hu sech derfir ausgesprach a 26 dergéint. Also ass d'Motioun adoptéiert.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. André Bauler), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar) et Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Merci.

#### **Motion 2**

A mer géifen dann zu der zweeter Motioun iwwergoen, ...

*(Interruptions)*

... déi vun der ADR abruecht ginn ass.

Wie wëllt dozou nach Stellung bezéien? Den Här Roth. Ech hunn Iech am Bléck. Mee wann den Här Roth fäerdeg ass, mellst Iech nach eng Kéier, well soss riskéieren ech, een ze vergiessen.

Den Här Roth huet d'Wuert. An duerno den Här Baum. Mee elo mol den Här Roth fir unzefänken. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Ech ginn op d'Punkten an, déi am Dispositif, dat heescht am Invite hannendru stinn.

Also de Baueren, déi duerch déi massiv Deierecht vun Düngemëttel ënner staarkem finanziellen Drock stinn, zousätzlech finanziell Hëllef zoukommen ze loosse, do gëtt mer aus beruffenem Monde gesot, dat misst ee maachen, well soss d'Liewensmëttelprodukter - well jo dee Präis dropgeschloe gëtt -, automatesch och deementspriedend an d'Luucht ginn, wat de Moment och schonns de Fall ass.

Do ass de Verweis un d'Agrarkommissioun. An ech mengen, do wier et utile, wann den neien Agrarminister awer direkt no der Fuesvakanz eng Kéier zu där heiter Problematik géif Stellung huelen, well déi betrëfft net nëmmen d'Baueren, mee déi betrëfft u sech all d'Konsumenten. Also dat ass e wichtige Punkt.

Deen zweete Punkt ass deen, d'Héicht vum Deierungszuschlag nach eng Kéier no uewen unzepassen, d'Präisentwécklung, besonnesch och bei den Energien, ze berücksichtegen. Ben, do hu mer kee Problem. Mir sinn derfir, dass eng Auswäitung vun de Beneficiairé kënnt. Mee ech hu virdu och op dem Här Cruchten seng Ried hi gesot: Wann e soll an d'Luucht gesat ginn - 2020 war e jo eng Kéier veruebelt ginn, hein -, wann de Montant u sech vun der Allocation de vie chère, dat heescht de Montant, deen eemol pro Joer allouéiert gëtt, an d'Luucht sollt goen, wäert d'CSV sech deem sécherlech net entgéintstellen.

*(Interruption par M. Yves Cruchten)*

Gelift?

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Mir haten dat just net gefuerdert.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Nee. Mir hu gesot ...

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Mir haten awer gesot ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Neen ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Et ass gutt.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo. E Gesetzesprojet op de Wee ze bréngen, fir eng automatesch Upassung vum Steuerbarème un den Index - ech mengen, dat hat ech schonn a menger éischter Interventioun gesot -: Mir sinn der Meenung, dass een eng Indexberengegung sollt maachen, wéi dat fréier ëmmer geschitt ass. An net eng automatesch Indexuppassung.

Dann: den éischte Sockel vum Barème esou opstellen, dass de Mindestloun fir d'Gesamtheit vun de Bierger steuerfräi bleift. Jo, dat ass eng interessant Propos, iwwert déi ee muss nodenken. Wësst Der, wat de Problem de Moment ass? Dass effektiv duerch d'Erhéijung vun dem Mindestloun an duerch déi Steuertranche, déi doranner ufält - dat ass déi éischt Steuertranche vun 8 % -, d'Leit, déi fir den onqualifizéierte Mindestloun schaffen, netto manner hunn ewéi den Aarmutsrisiko fir déi betraffe Persoun. Dat heescht, de Mindestloun mécht, dass een en brut iwwert der Grenz vun der Aarmut läit, mee dass een duerch de Fait, dass fir d'éischt emol d'Sozialofgabe spillen an dann nach d'Steieren derbäikommen, riskéiert, ënnert d'Aarmutsgrenz ze falen.

An dat geschitt doduerch, dass den Agangsmontant, ab deem een iwwerhaupt Steiere bezilt - deen de Moment, mengen ech, bei 11.265 Euro läit -, zënter enger geschloener Dose Joren, wann net méi, ni méi no uewen ugepasst ginn ass. Also dat ass eng wichteg Problematik, well et ass schwéier, de Leit dobaussen ze erklären: „Du schafft zwar fir de soziale Mindestloun, mee wa mer der alles ofgerechent hunn, dann hues de manner wéi dat, wat s de misst hunn, fir iwwert der Aarmutsgrenz ze leien.“ Dat ass eng Problematik, déi misst ee menger Usicht no eng Kéier an der Finanzkommissioun diskutéieren - och chiffres à l'appui - an et misst ee se mat der Steiervverwaltung diskutéieren. Ech mengen - ech kucken hei den André Bauler -, et wier e gudden Usaz, fir dat och als separate Sujet an deem Grupp iwwert de Rapport iwwert d'Fiskalitéit unzediskutéieren.

Da komme mer zu dem nächste Punkt: Dat ass deen, d'Zärgassteieren op de Mazout fir ze hëtzen an och Brennstoffer fir Gefrierer op den Datum vum 1. März 2022 ersatzlos auslafen ze loosse. Dat klängt sympathesch, well natierlech duerch d'CO<sub>2</sub>-Steier eng Rei vun Akzise bäikommen. Dat ass awer net d'Politik vun der CSV. Ech hunn dat beim Budget gesot. Mir stinn zur CO<sub>2</sub>-Steier, mee mir hätten ëmmer preferéiert, dat heescht virgezunn, wann déi CO<sub>2</sub>-Steier an den Index mat drakomm wier. Duerfir si mer mat deem Punkt net d'accord.

A vum 1. März un de superreduzierten TVA-Saz vun 3 % op sämtlech Energieprodukten an op d'Mietwunnengen ze applizéieren ... Op de Mietwunnengen hu mer kee Problem, well dat war jo fréier ëmmer de Fall. Wou mer awer eigentlech kee Problem hätten, mee wat, mengen ech, legal net geet, dat ass de Punkt - an dat misst d'Ministesch oder den Här Energieminister confirméieren -: Mir hunn effektiv op dem Heizungs-mazout 14 % TVA; ech mengen, dass dat mat der europäescher TVAs-Gesetzgebung net geet, fir op 3 % erofzegoen. Ech mengen, dass dat net geet.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Mir hunn nach e bësse Sputt.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ech mengen, et hätt ee Sputt mat all deenen Tabloen, fir op 12 % erofzegoen, well déi 14 % bei eis, dat ass jo schonn e reduzierten Taux par rapport zu dem normalen Taux vu 17 %. Dat



heescht, mir beweegen eis do op engem Taux parking, wann ech dat nach vum fréiere Berufsliwwen am Kapp hunn. Ech mengen, dass dat legal net geet, fir op 3 % erofzegen.

Dat wier natierlech e Punkt, wann ee seet „Ech wëll“, oder wann ee sech politesch eens wëll maachen: „Mir maachen eng Präisdeckelung“, da wier dat natierlech dee gréisste Sputt, deen een hätt. Mee ech mengen, dass dat legal vis-à-vis vun der europäescher Legislatioun net geet.

Ech mengen, ech wollt hei nuancéiert op déi eenzel Punkten agoen. An aus deem Grond, well et der awer eng Rei sinn, déi mer net kënne matdroen, kënne mer dës Motioun net matstëmmen. Mir enthalen eis, well mer déi eng matdroen a bei deenen aneren eeben, wéi ech elo explizéiert hunn, dergéint sinn.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci, dem Här Roth. Dann huet den Här Baum, den Här Gilles Baum d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Ech ginn och eng Kéier Punkt fir Punkt doduerch. Deen éischte Punkt, wat d'Bauere betrëfft, do ass eng Propos komm vum Här Roth. Ech mengen, där kéinte mer eis uschlëssen. Ech gesinn do, dass d'Presidentin vun der Kommissioun och dermat averstane wär.

Da géif ech awer natierlech och eis Wënzer gären do an déi Diskussioun mat eranhuelen an net nëmmen d'Bauern.

Dann d'Héicht vun der Deierungszoulag. Doriwwer ass de Mëtten e puermol hei geschwat ginn. Ech mengen, dass do och op dëser Säit d'Dier op ass. Op alle Fall, fir nach eng Kéier eeben driwwer ze schwätzen an och op deem dote Punkt eppes ze maachen.

Da kommen ech zu deenen zwee nächste Punkten: d'Upassung vum Steuerbarème an och den éischte Sockel. Ech mengen, dat sinn elo Iddien, déi ee muss am Kader vun deem Steuerdebat hei developpéieren an awer och chiffréieren. Ech mengen, et ass extreem wichteg, dass een och chiffréiert. Et kann een net, mengen ech, an engem Staat och nëmme verdeelen oder soen: „Mir huele manner eran“, an op där anerer Säit erwaarden, dass de Staat awer fir ëmmer méi Aufgaben opkënn. Wéi gesot och ze kucken, de Mindestloun steierfräi ze maachen. Ech mengen, et wär och net verkéiert, wann een dat och emol eng Kéier kéint chiffres à l'appui beschwätzen.

D'CO<sub>2</sub>-Steier ofschafen: Dat wäert natierlech net de Fall sinn. An dann och de superreduzierten Tarif, deen elo proposéiert gëtt souwuel op den Energiepräisser wéi och op de Wunnengen, do géif ech awer och ganz gäre wëssen ... Dat klängt elo léif, jo, mee och do wier en Dechet fiscal eleng am Logement, deen ech net ka chiffréieren. An ech mengen, wann ee mat esou Saachen awer an eng Debatt erakënnt, ass et awer ëmmer gutt, wann een Zifferen, chiffres à l'appui huet, fir dass ee weess, vu wat ee schwätzt, fir dass ee weess, wéi vill dem Staat och iwwer esou eng Mesure géif feelen. An dofir wäert ech menger Fraktioun proposéieren, déi Motioun hei net matzedroen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci dem Här Baum. Dann hunn ech d'Wuertmeldung vum Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech maachen et ganz kuerz. Deen éischte Punkt, do muss een definitiv driwwer schwätzen. Ech mengen, den Impakt ass jo scho kloer duergeluecht ginn.

Iwwert den zweete Punkt hu mer vill geschwat. Et kéint een et matdroen.

Dann d'Punkten iwwert d'Steieren. Dat ass copy/paste aus eise Walprogramm. Mir hu kee Problem mat esou Plagiater. Mir kéinten dat matdroen.

Da kommen awer déi lescht zwee Punkten, an do dinn ech mech dann awer ganz schwéier. Mir hu schon e puermol gesot, dass mir der Meenung sinn, dass ee Staatsziler och steierlech begleet muss, d'Zärgassteier deementspriedend iwwerens jo och keng proportionell Steuer ass an deementspriedend och net hei präisdréiwend wirkt, au contraire zu anere Steieren an Taxen an Akzisen, déi mer hei deelweis hunn, bei deenen d'Proportionalitéit gekuckt gëtt.

Hei si mer wierklech bei enger konstanter Steierdette. Dat gesi mer net als dee gréisste Problem. Par konter, beim TVA's-Saz vun 3 % op d'Mietwunnengen ... Also ech kéint nach domat liwwen, wann op den Energieproduiten, wann een dat richtig staffele géif op déi richtig Clientèle, sozial verträglech, kéint ech mer dat iwwerleeën. Dat kann een awer net an enger Motioun maachen, dat ass, mengen ech, eng gréisser Operatioun.

Wou ech awer definitiv da kee Versteesdemech méi hunn, dat ass, wann d'ADR sech heihinner stellt a mat där Motioun hei wëllt soen: „Mir sinn d'Partei vun de kleng Leit“ an hei Clientèle-Politik fir Immobilienspekulante mécht, déi hei just wëlle méi bëlleg bauen, fir nach méi Profitt kënnen op hire Mietwunnengen ze maachen. Mir wäerten dergéint stëmmen!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Ech hunn nach eng Wuertmeldung vum Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | An dann den Här Reding.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo. Merci. Och merci menge Virriedner, déi scho vill dissequéiert hunn aus dëser Motioun. Da kann ech mech e bësse méi kuerz faassen.

Selbstverständlech si mir net mat där Motioun hei d'accord, och wann eenzel Aspekter dra sinn, iwwert déi ee gäre kéint diskutéieren. Mee dat heiten ass eigentlech eng Motioun fir déi ... Hei geet rieds vum superreduzierten TVA-Saz, mee et ass eigentlech eng Motioun fir déi Superräich. Well déi, déi hei am meeschten dovun profitéieren, sinn déi Superräich. Wa mer d'TVA erofsetzen, da wësse mer, dass déi, déi ganz vill Energie verbrauchen - dat sinn nun emol meeschtens Leit, déi räich sinn, déi hir grouss Haiser müssen hëtzen, mat decken Autoe fueren an hei an do -, dann am meeschten dovunner profitéieren.

Dann: Selbstverständlech si mir net d'accord, d'Zärgassteier erëm ofzeschaffen. Mir hu laang derfir gekämpft, fir déi anzeféieren a fir se sozial gerecht anzeféieren. An dann nach eng Kéier déi automatesch Upassung un de Steuerbarème: Och dat klängt op den éischte Bléck sympathesch, mee och dovunner profitéieren erëm déi mat den décke Gehälter am meeschten! An dofir kënne mir déi heite Motioun net matdroen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Dann huet den Här Reding d'Wuert.

**M. Roy Reding** (ADR).- Jo. Ech hale mech ganz, ganz kuerz, Här President. Ech freeë mech driwwer, dass d'Kolleeg Roth a Baum esou eng positiv an nuancéiert Bewäertung hunn. Och wann déi Motioun hei ofgeleent gëtt, fannen ech et awer ganz flott, dass mer véier Punkte praktesch hunn, wou mer eis eens sinn.

Ech muss mech géint den Här Clement vehement wieren, wann e seet, d'Reduzéierung vun der TVA op Wunnraum wier eppes, wat de Spekulant géif zeguttkommen. D'Wourecht ass exakt ëmgedréit. Mir hate jo ëmmer en 3 %ege Steiersaz op de Bau vun ...

*(Interruption par M. Sven Clement)*

... Mietwunnechte bis viru ganz, ganz Kuerzem. An dann ass déi eropgesat gi vun 13 % op 17 %. A wat war d'Konsequenz? Ma natierlech sinn d'Loyeren eropgaangen! Wien huet also dorënner gelidden? Ärem Spekulant, wéi Dir en nennt, deen investéiert an Immobilien, ma deem war dat egal. Well dat war fir hien neutral. Mee et ass de Locataire, deen drënner leit. Dat ass d'Realitéit an déi verkennt Der ganz einfach!

A genau dat selwecht huet jo dann och de Kolleeg Cruchten e bësselchen opgeworf. Et ass einfach falsch am Rasonement. Denkt dat eng Kéier richtig duerch. Da gesitt Der, ...

*(Interruption)*

... dass dat net wouer ass.

Ech soen Iech villmools Merci fir déi léif a positiv Wieder, déi mer duerch d'Bänk fir eis Motioun kritt hunn, och wa se ofgeleent gëtt.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Weider Wuertmeldungen? Dat ass net de Fall.

Da géif ech zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun 2 iwwergoen.

**Vote sur la motion 2**

An och do gëllt dat selwecht wéi virdrun: Wien derfir ass, stëmmt mat Jo, an dergéint mat Nee.

*(Brouhaha)*

De Vott ass lancéiert.

**Une voix** | Abstention, gell?

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Selbstverständlech. Merci, fir d'Ergänzung!

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. A, et ass schon ... Dir sidd méi schnell wéi ech. De Vott ass ofgeschlossen.

An d'Resultat ass: 35-mol Nee, 4-mol Jo an 21 Abstentionen. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Diane Adehm),*



*M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Paul Galle).*

### **Motion 3**

A mir géifen dann zu der leschter Motioun iwwer-  
goen.

**Une voix** | Et sinn der nach zwou.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Nee,  
nee. Déi aner, déi kënnt, ...

**Plusieurs voix** | Et sinn der nach zwou.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance |  
Zwou? A jo, ok.

D'Motioun Nummer 3 vun de Piraten. Dozou  
Wuertmeldungen? Jo. Den Här Roth an dann den Här  
Baum.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Ech kann  
dat relativ kuerz maachen, vu dass et jo ee Punkt ass,  
dat heescht, de Staat opzefuerderen, dësen Iwwer-  
schoss vun Einnahmen un der TVA, déi zënter dem 1.  
Juli 2021 entstane sinn, a Form vun enger Aide un  
d'Gaskonsumenten zrëckzebezuelen. Mir hunn  
domadder kee Problem, mee mir sinn der Meenung,  
dass wann een dat mécht mat de Gasproduzenten, ob  
een dann net awer och de Leit seet, déi mat Mazout  
heizen ... Well ech hat dat virdu gesot: Vun 265.000  
Stéit am Land gëtt et der 144.000, déi mat Gas oder  
Mazout hëtzen, an dovunner 59.000, wéi ech virdu  
gesot hunn, mat Mazout.

De Problem ass deen, dass Dir natierlech do zu de  
Leit kënnt soen: „Ma da rüst op de Gas ëm.“ Souguer  
a Ballungszentre geet dat net. A wa kee Gas an der  
Strooss läit, da schléisst Dir Är Mazoutsheizung net un  
de Gas un.

An den zweete Punkt ass deen: Wann Dir sot: „Ma da  
setzt eng“ - wéi heescht dat? - „Wärmekraaftpompel  
dran“, dat muss een och, éischters emol, bezuele  
kënnen, well dat kascht. An zweetens geet dat deem  
Kenntnisstand no, deen ech hunn, och net bei allen,  
besonnesch eeleren Haiser.

An, contrairement, ech mengen, um Gas hu mer 8 %  
TVA. Ech mengen, dass et beim Mazout 14 % TVA  
sinn. Ech hu virdu dat Beispill gi vu 4.000 l Mazout.  
Dat si 454 Euro TVA, wat ech eigentlech ... Dat ass  
horrend! Da mengen ech, misst ee soen, dass een och  
zumindest en Deel vun der TVA, déi op dem Heizeuleg  
ufält, de Leit an iergendenger Form misst zrëckginn.

Also, fir eis ass d'Motioun sympathesch. Mee an  
einem Verständnis beinhalt dat dann net nëmmen de  
Gas, mee och de Mazout.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance |  
Merci. Dann huet de Gilles Baum sech zu Wuert  
gemellt. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci, Här President. Och ech  
kann et ...

*(M. Gilles Baum a des difficultés à enlever son masque  
chirurgical.)*

Et ass net ëmmer esou einfach, ...

*(Hilarité)*

... et ass net ëmmer esou einfach mat deene Masken.

Ech kann et och hei ganz kuerz maachen. Mir hunn  
eng Motioun gestëmmt virdu, d'Motioun, déi vun  
der Majoritéit proposéiert ginn ass. Ech sinn der  
Meenung, dass déi méi sozial ass. Déi geet och méi  
wäit, mengen ech, well se méi Leit ëmfaasst wéi  
effektiv dat, wat hei an der Motioun steet.

Mir wëssen, datt et och Diskussiounen gëtt, dass de  
Gas net wierklech dat ass, wat elo am ekologeschsten  
ass. An dofir géif ech proposéieren, dass mer déi  
Motioun hei net sollte stëmmen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance |  
Merci. Dann hunn ech d'Wuertmeldung vun der  
Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo. Villmools  
merci, well da kann den Här Clement vläicht och do  
direkt drop äntweren.

Also si ass eis och ganz sympathesch, mee mir hunn  
eis gefrot, wéi déi Aiden do dann zeguttkommen,  
wéi déi gestaffelt sinn. Soll jiddweree se kréien? Soll  
awer dann éischter e soziale Volet dra sinn? Dat ass  
eis net kloer genuch an där Motioun. Mee vläicht  
kréie mer elo eng Äntwert. Soss géife mir eis nämlech  
enthalten.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance |  
Merci. Dann hunn ech d'Wuertmeldung vum Här  
Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President.  
Bon, ech kann et kuerzmaachen. Firwat hu mer de  
Gas geholl an net de Mazout? Dat erkläert sech  
doduerjer, datt de Mazout an där nämmelechter Zäit  
ëm net grad 30 % geklommen ass, de Gas awer ëm  
110 %. Deementspriedend hu mer dat erausgesicht,  
wat haaptsächlech am séiersten an am explosivste  
geklommen ass.

Natierlech kéint ech mech och domat ufrënnen, eng  
änlech Mesure beim Mazout ze maachen. Et muss  
een awer nach derbäi berücksichtegen, datt de Gas  
an deene leschte Jore preconiséiert gouf, wann et ëm  
d'Astufung vun den Haiser gaangen ass, wat hir  
Energieklassen ugaangen ass, an datt do  
Gasheizung preconiséiert goufen, do, wou se  
méiglech waren, vis-à-vis vu Mazoutsheizungen, dat  
heescht, datt u sech de Staat d'Leit incitéiert huet,  
Gasheizungen op verschidde Plazen ze installéie-  
ren an elo déi Leit u sech bei d'Lisett gelooss ginn  
duerch déi héich Gaspräisser. An 110 % a sechs  
Méint, dat ass eng Explosioun. Do kann een et net  
anescht duerstellen. Dat ass méi wéi d'Verdueblung!

An da muss ech einfach soen, fir op der Madamm  
Cecchetti hir Fro ze äntweren: Mir sinn der Meenung,  
datt et hei net ëm eng reng sozial Moosnam geet. Et  
geet hei ëm eng Drëps op de waarme Steen. An  
deementspriedend si mer hei och der Meenung,  
datt Heizen net eppes ass, bei deem ee grouss sozial  
Ënnerscheeder sollt maachen, an deementspriedend  
de Staat do einfach déi TVA-Recetten, déi Plus-value,  
déi e gemaach huet, de Leit sollt rembourséieren.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance |  
Merci dem Här Clement. Keng weider Wuertmel-  
dungen? Ech gesi keng. D'Regierung huet dozou Stellung  
geho. Da géif ech och déi heite Motioun zur Ofstëm-  
mung bréngen.

### **Vote sur la motion 3**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech  
Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. Voilà! An de Vott  
ass eriwuer.

36 Nee-Stëmmen 22 Jo-Stëmmen 2 Abstentionen.  
Domat ass d'Motioun verworf.

*Résultat définitif après redressement : la motion 3 est  
rejetée par 35 voix pour, 23 voix contre et 2 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse  
Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon  
Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen,*

*MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo,  
Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse  
Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding,  
MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge  
Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler (par  
M. Laurent Mosar) et Michel Wolter (par M. Paul Galle) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles  
Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi,  
Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole  
Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et  
Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana,  
Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten,  
Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan  
Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché),  
M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie  
Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc  
Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et  
Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy  
Reding.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie  
Oberweis.*

### **Motion 4**

An da komme mer zu där leschter Motioun fir haut,  
der Motioun Nummer 4, déi och vun de Piraten  
abuecht ginn ass.

Dozou Wuertmeldungen? Ech fueren esou, wéi mer et  
elo gewinnt waren: ofwiesselend Oppositioun/  
Majoritéit.

Da kritt den Här Roth als Éischten d'Wuert.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci. Also mir hunn ni e  
Problem, wann eng Etüd an Opdrag gi gëtt. Quitte dass  
mer net richtig verstinn, wat derhannert ass, an do  
awer vläicht e bësse Bedenken hunn. Dat hei ass eng  
negativ Steuer. Et geet ëm eng negativ Steuer, et geet  
drëm, e Klimabonus als negativ Steuer auszebezuelen.

Eng negativ Steuer ass fir d'éischt agefouert gi beim  
Kannerbonus 2010, mengen ech. Et war dem Här  
Juncker säi Kannerbonus. Do krut all Mënsch de  
Kannerbonus, dee Kanner hat. An dat war onofhän-  
geg vu senger finanzieller Situatioun. Firwat? Well  
fréier just d'Leit den Abatement kruten an déi, déi  
am meeschte vun dem Kannerabatement profitéiert  
hunn, waren déi, déi am meeschte verdéngt hunn,  
well se dann am meeschte konnte steuerlech dervu  
profitéieren.

Wéi gesot, mir sinn net iwwerzeegt vun dem Instru-  
ment, mee mir hunn awer kee Problem, fir emol eng  
Etüd driwwer ze maachen. Vlächit iwwerzeegt eis  
dann déi Etüd. An duerfir stëmme mer dës Motioun  
awer mat. Mee sans préjudice vun enger fundamen-  
taler Positioun vun der CSV zu deem Punkt.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance |  
Merci. Dann hunn ech d'Wuertmeldung vum Här  
Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Merci, Här  
President. Et gëtt jo eigentlech eng Etüd zur CO<sub>2</sub>-  
Steuer zu Lëtzebuerg. Déi huet de Statec gemaach,  
deen eebe gesot huet, dass et en Instrument ass, wat  
gräift. Et ass en Instrument, wat eis hëlleft, eis CO<sub>2</sub>-  
Emissionen ze reduzéieren. Et ass awer och en  
Instrument, wat net genuch gräift, fir eis Trajectoire  
ze respektéieren. Also geet et aleng net duer respek-  
tiv et muss een do nobesseren.

Gläichzäitig ass awer och aus där Etüd erauskomm,  
dass déi Instrumenter, déi d'Majoritéit zousätzlech



agefouert huet, spréich eng Hausse vun dem Steuerkredit, respektiv wéi mer et elo mat deem leschte Budget eréischt gemaach hunn, eng weider Hausse vun der Allocation de vie chère, dat awer kompenséieren. Speziell och bei de kleng Revenue, nämlech dem Quintil 1 an dem Quintil 2, wou een eigentlech da ka soen, dass mer et engersäits offideren an anerersäits och zum Deel schonn e Klimabonus do dermat maachen.

Ceci dit hu mer esou eng Etüd. An ech gi jo och souwisou dovun aus, dass de Statec, wéi bei anere Saachen och, weider un der Evaluatioun vun deem Instrument schafft. Dat ass emol dat eent.

Fir de Rescht gëtt et nach ganz vill aner Etüden, och zu deem ganzen Dossier. A wat ech mengen, wat souwisou och pertinent ass, an ech hoffen och, dass mer dat an deem Steuerdebat hei wäerte kréien, dat ass, dass meng Fraktioun dat ganz dättelech gemaach huet, mee dass och aner Fraktiounen iergendwann eng Kéier elo d'Kaarten op den Dësch leeën a soen, wéi si sech virstellen, dass dat Instrument vun der CO<sub>2</sub>-Steier sech weiderentwéckele soll. Grad a speziell och op dem Punkt vun der Ëmverdeelung, an dass et eng sozial gerecht ass. An dat ass eppes, wat eigentlech, mengen ech, nach aussteet. An ech freeë mech op alle Fall op déi Debatt, well et ass e wichteg Instrument, wat mer musse weiderentwéckelen.

An deem Sënn mengen ech, dass mer déi heite Motioun net brauchen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Dann den Här Clement. An duerno d'Madamm Cecchetti ...

*(Interruption)*

A jo, dann entschëllegt, ...

*(Interruption par M. Sven Clement)*

... ech huelen dann den Här Reding vir.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo, ech mengen, et ass logesch, dass den Auteur vläicht als Leschten d'Wuert hält, da kann en all Mënsch äntweren.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Selbstverständlech.

**M. Roy Reding** (ADR) | Mir hunn als ADR dee gréisste Problem mat deem leschte Considerant: „eng Subventionspolitik vum Verzicht“. Aleng dat Konzept heescht fir eis en Ugrëff op d'perséinlech Fräiheet. An eng Erzéiungspolitik. D'Leit wëllen ze erzéien, sief et mat Bestrafung oder mat Belounung, ass géint dat fräit perséinlech Liewen. Well et muss ee jo eent bedenken: Wann een dat Konzept ...

*(Interruption par M. Sven Clement)*

Här Clement, Dir kënnt duerno schwätzen, soulaang wéi Der wëllt. Loosst mech, wannechgelift, elo meng Ausféierunge maachen. Wannechgelift, Här Professor.

Wann een esou Saache wéi dat doten aféiert, dann heescht dat jo och ëmmer ze kontrolléieren: Wien ass weini wouhinner geflunn? Firwat ass en dohinner geflunn? War et eng néideg Rees oder war et eng reng Luxusrees? An esou weider.

Wéi stellt Der Iech vir, dass Der dat dote wëllt kontrolléieren? Et ass en extreemen Agrëff an d'Privatsphär, genau wéi all déi Konzepter vu „social credit“, déi ganz grujeleg sinn. An ech fannen, Är Partei mécht hirem Numm all Éier: „Piraten“ kënnt jo vu „peiratés“, „der Angreifer“, aus dem Griicheschen. An dat sidd Der: Dir sidd en Ugrëff op d'Fräiheet vum Mënsch!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une autre voix** | Bravo!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, wann ech mech vum Schock erholl hunn, da kritt ...

*(Hilarité)*

... d'Madamm Cecchetti d'Wuert.

*(Hilarité)*

**Une voix** | Berouegt Iech.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Kuckt mäi Rack, deen ass schéin. Dann erhuel Der Iech vum Schock. Deen ass wéi d'Fréijoer, wéi d'Sonn. Et si Blumen drop. En ass gréng.

*(Hilarité)*

En ass rout.

*(Hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, Dir hat virdru vum 11.11. geschwat.

*(Brouhaha)*

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ne?

*(Hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Fuert duer, Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci. Also, eng Etüd vun der Auswierkung vun enger negativer CO<sub>2</sub>-Steier schéngt an eisen Ae ganz sympathesch, well et muss ee jo och wëssen: Wann een de Verzicht belount, da muss een och oppassen, dass een net awer Leit strooft, déi vläicht net verzichte kënnen. Fir mech ze erklären: Wann een iergendwou wunnt, wäit ewech vun engem gutt funktionéierenden öffentliche Transport, well et do méi bëlleg ass, well ee sech dat an de Stied net leeschte kann, an een op en Auto ugewisen ass, dierft een dann net nach eng Kéier bestrooft ginn dofir, dass een do net verzichte kann. Duerfir denken ech, dass esou eng Etüd ganz interessant a ganz wichteg ass. A mir kënnen eis heimadder solidaresch weisen an dat matstëmmen.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Ier ech dem Auteur d'Wuert ginn, iwwerloosen ech d'Wuert nach eng Kéier dem Här Cruchten. Den Här Cruchten huet d'Wuert

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, merci. Ganz, ganz kuerz. Ech mengen, mir hu verstanen: Dir hutt, d'Piraten hu jo do déi Iddi vun dem Klimabonus. Bon, mir si jo op en anere Wee gaangen, ne? An zu deem sti mer och. An dofir kënne mer déi Motioun hei natierlech net guttheeschen.

Mee ech wëll awer just emol eng Kéier eppes hei kloerstellen: Déi negativ CO<sub>2</sub>-Steier, déi hu mer, dat ass de Crédit d'impôt! Dat ass eng negativ CO<sub>2</sub>-Steier.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Dann huet den Här Clement d'Wuert.

*(Interruption par M. Sven Clement)*

Dir sidd dach den Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, jo, jo.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Ok.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech hat Iech akustesch net verstanen, Här President.

*(Hilarité)*

Also, ech mengen, e grouse Merci als Éischt un den Här Cruchten, deen, mengen ech, ganz éierlech d'Gefill hei erëmginn huet, firwat dat heiten net gestëmmt gëtt. D'Regierung huet hir Pist decidéiert a wäert vun där och kee Jota méi ofwäichen, well eeben de Koalitiounsaccord deen ass, deen en ass.

An ech mengen ech hu virdrun och ...

*(Interruption)*

... déi verschidde Saache schonn ugeschwat.

An déi Éierlechkeet, dat kann ech appreciéieren. Ech sinn net där nammlecher Meenung wéi Dir, wat de Steierkredit ubelaangt, well deen a mengen Aen net déi nammlecht Mechanismen huet. Mee dat ass awer eng Detailfro. Ech wëll einfach déi Éierlechkeet saluéieren.

Un déi gréng: Also, Här Benoy, de Statec, a mir hunn en dräimol hei dran zitéiert ... Wann Der Iech d'Méi gemaach hätt, et wierklech ze liesen, hätt Der gesinn: De Statec, op deen Dir Iech berufft, dee seet, et wär jo alles esou schéin a gutt a gréng an dëser Welt ... Et deet mer leed. De Statec seet, dass déi Mesuren, déi Der geholl hutt, déi d'Regierung geholl huet, déi d'Majoritéitspartei gestëmmt hunn, nach ëmmer net 55 % Reduktioun bis 2023 wäerten erreechen.

Also, Dir kënnt Iech net op där enger Säit op de Statec beruffen, fir ze soen „Et ass alles gutt“, mee wann de Statec Iech seet, et wär net gutt, dann ass et op eemol: „Nee, mir brauche keng weider Etüden, mir hunn all d'Etüden.“ Ma de Statec huet Iech gesot: „Et geet net duer. Mir brauchen nei Mesuren.“ Mir proposéieren eng nei Mesure. Bref, se gefällt Iech net. Domat kann ech liewen.

An dann, also, deen aneren Eck dohannen, dee mengt, jiddweree vun eis misst d'Recht hunn, eise gemeinsame Liewensraum ze zerstéieren, deen huet de Schoss net héieren. Oder vläicht huet en ze oft d'Ouer niewent eng Flënt gehalen, ech weess et net, an dofir héiert en de Schoss net méi. Eise Planéit ass um Stierwen. Mir hu gëschter eng ...

*(Interruption)*

... Debatt gehat iwwert d'Ëmweltmedezinn. Mir sinn net méi an enger Situatioun, wou mer eis kënnen erlaben, laang driwwer ze diskutéieren, ob de Planéit um Stierwe läit oder net, ob et e mënschegemaachte Klimawandel gëtt oder net. Dat ass Fakt. Dat ass wëssenschaftlech Evidenz. Wien dorunner zweifelt, deen huet d'Grundlage vun engem Debat scho laang verluer, an deementspriedend wëll ech do guer net weider drop agoen.

Dat heiten: Ech sinn e richtege Pirat, well ech en Ugrëff maachen op Är Privileegien! An dorop sinn ech houfreg!

**Plusieurs voix** | O!

*(Brouhaha général)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Bon, ech mengen, et gëtt Zäit, dass ech, ...

*(Brouhaha général)*

... dass ech d'Diskussioun iwwert d'Motioun ofschléissen an zum Vott iwwerginn.

*(Brouhaha)*

**Vote sur la motion 4**

De Vott ass lancéiert. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. An de Vott ass ...

*(Brouhaha général)*

*(Plusieurs députés se lèvent pour quitter la salle.)*

Kolleginnen, Kollegen, wannechgelift, nach zéng Sekonne Gedold, ier d'Opbrochstëmmung kënnt!

*(Interruption)*

De Vott ass ofgeschloss.

35-mol Nee, 25-mol Jo. Keng Abstentioun. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon*





Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie

Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Domat ass d'Sëtzung eriwwer. A Rendez-vous muer de Mëtten um 14.00 Auer.

Merci.

(La séance publique est levée à 18.28 heures.)

## 34<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Marc Spautz, Vice-Président

### Sommaire

1. Ouverture de la séance publique ..... p. 72  
M. Fernand Etgen, Président
2. Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement ..... p. 72  
Exposé : M. Sven Clement
3. 7935 - Projet de loi portant modification de :  
1° la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;  
2° la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance ..... p. 73  
Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme : Mme Simone Beissel  
Discussion générale : M. Marc Spautz (dépot de la motion 1) | Mme Tess Burton | Mme Chantal Gary | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes  
Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel  
Motion 1 : Mme Simone Beissel | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Gilles Baum) | M. Dan Kersch | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Dan Kersch et M. Dan Biancalana) | M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes (intervention de M. Sven Clement) | M. Yves Cruchten | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Sven Clement)  
Vote sur la motion 1 (adoptée)
4. 7473 - Projet de loi relative au patrimoine culturel et modifiant :  
1° la loi modifiée du 4 mars 1982 a) portant création d'un Fonds culturel national ; b) modifiant et complétant les dispositions fiscales tendant à promouvoir le mécénat et la philanthropie ;  
2° la loi modifiée du 25 juin 2004 portant réorganisation des instituts culturels de l'État ;  
3° la loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles ;  
4° la loi du 17 août 2018 relative à l'archivage ..... p. 78

Rapport de la Commission de la Culture : Mme Djuna Bernard

Discussion générale : Mme Octavie Modert | M. André Bauler | Mme Lydia Mutsch | M. François Benoy (dépot de la motion 1) | M. Fred Keup (dépot de la motion 2) | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture (intervention de Mme Djuna Bernard)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Vote sur la motion 1 (adoptée)

Motion 2 : M. Dan Biancalana | M. Sven Clement | M. Fred Keup | Mme Octavie Modert

Vote sur la motion 2 (rejetée)

5. 7853 - Projet de loi portant approbation de l'Accord, fait à Bruxelles, le 17 décembre 2020, amendant l'Accord relatif à la fourniture et à l'exploitation d'installations et des services de la circulation aérienne par Eurocontrol au Centre de contrôle régional de Maastricht, signé le 25 novembre 1986 ..... p. 94

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Chantal Gary

Discussion générale : M. Serge Wilmes | M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

6. Question élargie n° 128 de M. Jean-Paul Schaaf au sujet des décharges pour déchets inertes ..... p. 95  
M. Jean-Paul Schaaf | Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable (interventions de M. Jean-Paul Schaaf) | M. Jean-Paul Schaaf | Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; Mme Carole Dieschbourg, Mme Sam Tanson et M. Lex Delles, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes | Nee, Här President.

### 2. Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement

M. Fernand Etgen, Président | Da ginn ech d'Wuert direkt un den honorabelen Här Sven Clement fir den Depot vun enger Proposition de loi. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

M. Sven Clement (Piraten), auteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir haten an

deene leschte Wochen a Méint e puermol Kontakter an hunn och Question-parlementairen zum Thema vun der Sécurité sociale gestallt, wou et em Rechnunge geet, déi vergiess ginn anzereechnen. Rechnungen, déi net onbedéngt vergiess ginn, well d'Leit nach bei alle Sënner sinn, mee ganz heefeg, wou Tuteuren, soubal se dann d'Tutelle krute vum Geriicht an Uerdnung an d'Classeure vu Leit bréngen, déi enner Tutelle gesat goufen, op eemol feststellen, datt et do nach eng ganz Rëtsch Rechnunge gëtt vun Dokteschbesich, déi net onbedéngt agereecht goufen. Do geet et ganz gären dann och emol em e puer Dausend Euro.



Do gëtt et leider eng Klausel, an dat ass haut de Paragraf 3 vum Artikel 84 vum Code de la sécurité sociale. Dee seet, datt d'Rechnunge maximal zwee Joer al däerfe sinn, deen Dag, wou se agereecht sinn, soss si se net méi remboursabel vun der CNS. Mir hunn e bëssen erausfonnt, datt dat e minimale Phenomeen ass. U sech sinn et zwou bis dräi Rechnungen de Mount, déi esou bei der CNS opschloen. Et ass also kee Volumephenomeen, mee déi Leit, déi dovunner betraff sinn, betrëfft et awer dann deelweis ganz sensibel.

Heefeg kënnen déi Leit och näischt derfir. Dofir, léif Kolleeginnen a Kolleegen, deposéieren ech eng Proposition de loi, déi als eenzege But huet, dee Paragraf 3 vum Artikel 84 vum Code de la sécurité sociale ofzeschaffen, soudatt et keen Delai méi fir d'Areche vun Dokteschrechnungen bei der CNS soll ginn.

Ech soen Iech Merci.

7966 - Proposition de loi abrogeant l'article 84 du code de la sécurité sociale

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

### 3. 7935 - Projet de loi portant modification de :

**1<sup>o</sup> la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;**

**2<sup>o</sup> la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance**

Mir fänken d'Sitzung vun haut u mam Projet de loi 7935 iwwert d'temporär Bähëllef u verschidde Betriber. D'Wuert kritt d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme

**Mme Simone Beissel** (DP), rapportrice | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, et ass jo net fir d'éischt an et wäert héchstwahrscheinlech och net fir d'allerlescht sinn, wou ech haut virun Iech stinn, fir Iech Verlängerunge vun Hëllef fir ons Betriber virzestellen, an der Hoffnung, dass mer déi och haut kënnen stëmmen.

Et muss ee wëssen: Wéi dëse Projet de loi deposéiert ginn ass, du war d'Omikron-Variant nach an de Startlächer a mir woussten alleguerten net, wat fir eng Repercussione se dann op eise Gesondheetssystem géif kréien. Also war Virsicht gebueden.

Dofir huet d'Regierung Enn Dezember - Dir erënnert Iech, mir waren dauernd am Asaz - preventiv Restriktionen decidéiert, déi mir jo hei och dann agreeiert hunn. Mee leider sinn duerch déi Restriktionen erëm eng Kéier haaptsächlech déi Betriber, déi et scho virun extreem schwieereg haten, am schlëmmste getraff ginn.

Mee parallel zu de Restriktionen huet d'Regierung awer direkt erëm eng Kéier Moossname geholl, fir d'Hëllef ze verlängeren an och fir an d'Luucht ze schrauwen.

Haut wësse mer, d'Coronawell huet finalement esou ageschloen oder koud esou gerullt, wéi et annoncéiert ginn ass. Dat heescht, si war manner virulent, wéi gefaart, mee si war vill méi ustiechend. Mir hate mat Momenter 2.000 bis 3.000 Neiinfektione pro Dag. Dat war enorm.

Eis Spideeler waren zwar net iwwerrannt, an haaptsächlech d'Intensivbetter, mee trotzdem huet d'Ekonomie drënner gelidden, well eeben duerch d'Omikron-Variant e ganze Koup Leit an der Quarantän waren oder an der Isolatioun, well entweder en Aarbechtskolleeg oder dann e Member vun hirer Famill positiv getest war a si hu missen doheembliwen.

D'Konsequenz ass, wann een déi Chifferen elo kuckt, déi ech hei geliwwert kritt hunn, dass an de leschte Woche praktesch bis 30.000 Leit gefeelt hunn op hire jeeweilegen Aarbechtsplazen, esou vill Leit wéi nach ni, duerch déi Omikron-Variant. D'Leit waren elo net ganz staark krank, déi meescht, mee si waren awer krank a si hu sech un d'Reegele gehalten a sinn doheembliwwen.

Natierlech huet dat als direkt Repercussiou, dass dann alleguerten déi Leit feelen, sougutt an eise Geschäfte wéi an de Restauranten, wéi an de Caféen, an dat sougutt hannert der Théik wéi virun der Théik, well och e ganze Koup Clienten net komm sinn.

Da koud derbäi, an dat huet jo d'Saach och méi schwieereg gemaach, dass mer d'Ausgangsspär vun 23.00 Auer hate fir de ganze Secteur vun der Horeca mat deem Resultat, dass e ganze Koup Restauranten keen zweete Service konnten ubidden, d'Caféen e Koup vu Clienté verluer hunn an eis Diskoen emol iwwerhaupt net opgemaach hunn. Well Dir wësst, dass déi jonk Leit - contrairement zu eis, vläicht ware mer e bësse méi brav - sech ganz oft eréischt no Mëtternuecht beweege Richtung Diskothék.

Mee wann ech elo richteg verstanen hunn, an den Här Di Bartolomeo huet dat och iwwert de Radio gesot, dass mat e bësse Chance dëse Weekend déi Spär opgehuewe gëtt an dass dann alleguerten d'Leit aus dem Horeca-Secteur erëm kënnen vill besser ootmen an erëm maachen, dass hire Betrib besser leeft.

Déi Méint Januar a Februar waren also a si fir eis Betriber absolutt schwéier. Dofir ass et wichteg, dass all eis betraffe Betriber maximal Hëllef kréien. Dofir wëlle mir haut och dëse Projet de loi stëmmen, well d'Verlängerunge vun dësen Hëllef sinn absolutt noutwendeg.

Här President, entre-temps huet de Minister och schonn annoncéiert, dass d'Hëllef bis de Juni wäerte verlängert ginn. Dee Projet de loi ass scho praktesch um Radar vum Ministère an amgaang, ausgeschafft ze ginn.

Ëm wat geet et dann elo genau bei dësem Projet de loi? Mir wëllen zwee besteeënd Gesetzer, zwou bestoend Aidé verlängeren an adaptéieren. Dir kennt se allen zwou: Et geet, éischters, ëm d'Aide de relance an, zweetens, ëm d'Aide coûts non couverts.

Et ass schonn e puermol hei op der Tribün gesot ginn, an dat war u sech de Motto vum dem Ministère - a mir hunn eis drugehaangen - vun alleguerten deenen Aiden, déi mer bis elo beschloss hunn: allkéiers, wann duerch d'Pandemie d'Situatioun sech géif änneren, dass dee Moment d'Aidé géifen ugepasst ginn. Dat maache mir och erëm eng Kéier elo.

Fir d'Méint Dezember 2021 bis Februar 2022 ginn d'Hëllef erëm eropgeschrauft par rapport zu de Montante vu virun.

Konkreet heescht dat, dass éischters: fir d'Coûts non couverts d'Charges d'exploitation, déi considéiert gi fir d'Aiden, erëm eng Kéier op 100 % eropgesat ginn, wou se virun nëmmen zu 75 % festgeluecht waren.

Fir d'Aide de relance schrauwe mer vun 1.000 Euro, well dat gegëllt huet virun dësem Projet de loi, erëm eng Kéier op 1.250 Euro fir all Independant oder

Salarié, dee schafft, an doniewent erëm eng Kéier op 250 Euro fir all Mënsch, deen am Chômage ass.

Wat hu mer nach geännert? Niewent den übleche vulnerabele Secteuren, déi Der jo kennt, gëtt ab Januar och eng nei Kategorie hei eligibel. Dat sinn d'Garagisten, dat heescht d'Verkeefeer vun neien Autoen. Dir hutt alleguerte matkritt, dass d'Liwwerketten esou laang gi sinn, dass praktesch eng Rupture vun de Chaînes de livraison ass. Dofir hu ganz vill Garagisten extreem Schwieeregkeeten, hiren Aktivitéiten nozegoen. Si hunn och Liquiditéitsschwieeregkeeten. Dofir ass et wichteg, dass se gehollef kréien.

Doniewent eng zweet Ännerung: D'Delaïen, fir eng Demande eranzerechen, ginn elo op een eenzege Stéchdatum, de 15. Mee 2022, festesat. Do kommen och Aiden derbäi, déi schonn Enn 2021 fälleg waren. Mir hunn elo een eenzege Datum: de 15. Mee 2022.

Virrunner, wéi gesot, fir d'Aidé fir de Juli bis den Dezember war u sech jo de Stéchdatum den 1. Dezember, mat der Iddi, dass bis den 31. Dezember huet missen ausbezuelt ginn, wat jo och da geklappt huet.

Wat den europäesche Kader elo ugeet, deen huet entre-temps evoluéiert. Dat erlaabt eis alleguerten, dass mer dee Stéchdatum op de 15. Mee festsetzen, an der Hoffnung, dass verschidde Leit, déi net dru geduecht hunn oder déi vläicht kee Besoin haten, och elo nach nodréiglech fir de Rescht 2021 kënnen eng Demande erarechen.

Zum Schluss wëllt ech awer nach soen - well mir musse jo awer och no de Finanzen kucken -, dass gerechent gëtt, dass déi zwou Aiden zesummen à peu près 6 Milliounen Euro wäerten ausmaachen.

D'Fro koud scho viru bei deene Projeten op an elo gëtt se natierlech erëm eng Kéier gestallt: Jo, firwat verlängert Der dann net direkt déi Aidé bis Juni 2022?

De Minister war ganz transparent. E koud bei eis an d'Classes-moyennes-Kommissioun. En huet eis gefrot: „Wéi gesitt Dir dat? Wëllt Der zwee Projet-de-loie maachen, een, deen elo séier geet an da reeche mer en aneren no fir d'Méint Mäerz bis Juni, oder hätt Der léiwer, mir géifen alles an engem Jet maachen, dat heescht direkt bis Juni?“ Wat awer mat sech bruecht hätt, dass dëse Projet, dee mer elo haut hei debattéieren a stëmme wäerten, hätt missen amendéiert ginn, en plus hätt missen en zousätzlechen Avis vum Staatsrot ofgewart ginn an en plus ass de Go vu Bréissel fir déi Period vu Mäerz bis Juni nach net do.

Dofir hu mer gesot - zwee Grënn -: Nee!

D'Kommissioun huet gesot an hirer absolutter Majoritéit: „Mir hätte gär zwee Projeten.“ Et gëtt eng besser Lisibilitéit, och fir déi Leit, déi direkt conceréiert sinn, dass ee weess, ëm wat et geet.

De Go vu Bréissel wäert entre-temps kommen. Da si mer och zu deem zweete Projet ofgeséichert.

Mir hunn also decidéiert, keen amendéierte Projet a keng Zäit ze verléieren a wochelaang eis Betriber waarden ze loossen, bis eeben déi Konditionen erfüllt wäeren, fir de Projet direkt bis op de Juni virulafen ze loossen. Also hu mer eise Betriber laang Wochen erspuert, wou se hätte misse waarden, bis se un zousätzlech Liquiditéit géife kommen.

Mir ginn eis awer drun an, wéi gesot, de Minister sëtzt och schonn an de Startlächer, dass dee Projet fir d'Verlängerung fir Juni esou schnell wéi méiglech preparéiert gëtt an dass mer deen dann a gegebener Zäit kënnen hei also preparéieren an och hei an d'Pleniëre kommen. Dir musst awer wëssen, dass fréistens am Abrëll déi Aidé kënnen ausbezuelt ginn, wann deen



Delai vu Mäerz bis Juni kënnt. Dofir ass et vill méi wichteg, dass mer elo direkt agéieren, well effektiv bei deem zweete Projet kann ee justifiéieren, dass et keng absolutt Urgence eeben ass.

Mat deem System hunn och eis Betriber eng besser Previsibilitéit. Si wëssen, dass se nach eng Méiglechkeet hunn, gehollef ze kréien. Si wëssen, wéi se sech finanziell kënnen organiséieren, fir dat alles duerchzékriegen.

Här President, dat waren d'Haaptgrënn, firwat dass mer an der Kommissioun decidéiert hunn, fir déi zwee Projeten ze maachen. Ech ginn Iech elo nach ganz kuerz déi Haaptpunkte vun den Avisen, déi mer alleguerten erakritt hunn. Wéi ëmmer krute mer ... Mir krute souguer dräi Avisa vun der Chambre de Commerce eran. Mir kruten en Avis vun der Chambre des Métiers eran, vun der Chambre des Salariés an natierlech och vum Staatsrot. Fir d'Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Bericht an awer och op d'Avis selwer.

Duerch d'Bank kann ee soen, dass sämtlech berodend Organer d'Verlängerung vun dësen Hëllefeng begréisst hunn. Déi eng hunn natierlech gefrot: „Firwat net bis de Juni?“ An och mat den Delaie vun den Demanden, mat den amendéierte Projeten, déi de Lex Delles eraginn huet, ier mer dat an d'Kommissioun kritt hunn, sinn déi Punkten natierlech schonn alleguerte gekläert. Dat heescht, do waren d'Chamberen dann och dermat d'accord.

D'Chambre des Métiers freet: „Wéi ass et da mat de Verkeefer fir nei Camionen? Firwat falen déi eventuell net drënner?“ D'Chambre des Salariés bedauert, wéi ëmmer, dass keng sozial Krittären un déi Aidë gekoppelt sinn, well si huet ëmmer gesot, wann déi Aiden ausbezuelte ginn, da misst ëmmer de Krittär vum Maintien dans l'emploi Tromp sinn. Si huet natierlech och erëm eng Kéier gesot, wat se schonn an all hiren Avisa virdru gesot huet: dass se Schwierigkeeten huet, dass Aiden ausbezuelte ginn, wann d'Leit bis 25 % vun hirem Effektiv kënnen entloossen.

Dat fir e puer Iddien, wat an den Avisa gesot ass.

De Staatsrot, wéi gesot, vu dass et ëm d'Verlängerung geet, huet glécklecherweis keng Opposition formelle gemaach. Et ass natierlech och eng bonne Note fir de Ministère, dass en den Text gutt formuléiert huet. Si hunn haaptsächlech legistesche Propositione gemaach an e puer Recommandatiounen, mee si haten näischt um Fond ze reprochéieren. Dofir ware mer frou mat där positiver Erkenntnis.

Sout! Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ier ech elo zum Schluss kommen, wéi ëmmer, wollt ech dem Minister Lex Delles a senger ganzer Ekipp fir d'éischt emol Merci soen, dann awer Iech alleguerten, de Membere vun der Classes-moyennes-Kommissioun. Mir hu schnell a konstruktiv geschafft, dank Ärem positive Geescht. Dann alleguerten natierlech de berodenden Organer en häerzleche Merci. An zum Schluss eisen zwee gentilen Sekretären, dem jonken neie Sekretär Dan Schmit an dem Gigo Lamesch vun der DP-Fraktioun, déi och extreem effikass a schnell geschafft hunn, fir dass mer dat praktesch a Rekordzäit fäerdeg konnte maachen an haut kënnen an d'Pleniëre goen. Dofir Iech merci.

An natierlech bréngen ech mat Freed den Accord vun der DP-Fraktioun. Merci fir d'Nolauschtenen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech soen der Madamm Rapportrice villmools Merci fir dee prezise Rapport a ginn d'Wuert direkt un deen éischten

ageschriwwene Riedner. Dat ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Virewech e grouse Merci un d'Madamm Beissel fir deen explizitte Rapport, dee mer ... Wéi se richteg ënnerstrach huet: Et ass jo net déi éischte Kéier an emol sécher net déi leschte Kéier, well et ass schonn nach ee Projet ugekënnegt, deen hannendrukënt, fir de Betriber kënnen ze hëllef.

Wichtig ass et bei der Aide de relance an och bei der Aide coûts non couverts ze ënnersträichen, dass et verschiddene vun eise Betriber net gutt geet an dass et dofir och gutt ass, dass mer déi Decisiounen huelen, fir deenen iwwert déi do zwou Aiden ze hëllef, genauso wéi et mam Chômage partiel ass, fir domadder och weiderhi kënnen déi Hëllefeng ze ginn, déi d'Betriber respektiv och d'Leit, déi an de Betriber schaffen, dofir brauchen.

E Phenomeen, dee jo nei ass, dat ass dee mat de Liwwerketteschwierigkeeten. Dofir ass jo och dës Kéier déi éischte Kéier d'Autosbranche derbäi. Wat och wichtig ass, dass een och deene Betriber hëllef, an dass och déi gesinn, dass se och do d'Méiglechkeet hunn, fir dorop zrëckzegräifen.

An, ech mengen, et muss een och ënnersträichen: Wann een nach eng Kéier weiderfiert an d'Kris géif sech nach op aner Secteuren ausdeenen, wou nach méi Problemer géifen entstoen, da wieren och nach Méiglechkeeten do, op deem selwechte Kader, wou elo den Automobilsektor bäikomm ass, och nach aner Secteuren ze definéieren, wann ee gesäit, dass do Schwierigkeete sinn.

An dat ass ee vun de Punkten, mengen ech, dee ganz wichtig ass: déi Diskussioun, ob et ee Projet war bis de Juni oder zwee Projeten - ee Januar/Februar an duerno ee bis de Juni. Do ass et drëm gaangen, dass d'Betriber schnellstméiglech Liquiditéiten hunn. Doduerch, dass elo Januar/Februar ass bis den 28. Februar, dass dann d'Betriber och éischter d'Méiglechkeet hunn, op déi Sue kënnen zrëckzegräifen. Wa mer gewaart hätt bis de Juni, dann hätt dat ee bis zwee Méint méi laang kënnen daueren.

Mee ech mengen, dass et awer och wichtig ass, dass d'Betriber wëssen, dass et weidergeet, dass d'Betriber och wëssen, wann och elo e Gesetz gestëmmt gëtt, wat nëmmen eng Durée huet bis den 28. Februar oder duerno bis den 30. Juni, a par hasard wier d'Pandemie nach ëmmer net bis dee Moment fäerdeg - well mir hoffe jo allkéiers, an dat wäert och muer, wa mer iwwert d'Gesetz vun der Pandemie méi schwätzen, vun dem Covid-19, dass et fäerdeg ass, dass mer net erëm eng Kéier müssen ufänke mat enger neier Verlängerung -, dass et awer och wichtig ass, dass d'Betriber Planungssécherheet hunn an dass se wëssen, dass wann nach weider Problemer géifen entstoen, dass dann och nach Hëllefeng nokommen; och wann et elo schwierig ass ze soen, wéi déi Hëllefeng géifen ausgesinn.

Mee dat war eng Diskussioun, déi mer an der Kommissioun haten. Ech hat och do proposéiert, eng Motioun ze maachen, déi och vun de Majoritéitsparteien an den Oppositionsparteien, alleguerten deenen, déi och de Rapport vun der Haut ugeholl hunn, matgedroe gëtt, fir do ze soen, dass et och wichtig ass, wann d'Repercussione wéinst Covid-19 weiderginn, dass een dann och nach aner Moyene misst hunn oder déi selwecht - dat hänkt ëmmer dervun of, wéi dann d'Situatioun ass -, fir deene Betriber och weider ze hëllef, dass déi Onsécherheet, déi bei verschiddene Leit herrscht - „Wat geschitt?“, „Geet et virun?“, „Geet et net virun?“ -, dass do eng Planungssécherheet bei de Leit do ass.

An dofir, Här President, géif ech Iech déi Motioun ginn. Wannechgelift.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

- *reconnaissant qu'un grand nombre d'entreprises luxembourgeoises continue à souffrir des répercussions financières de la pandémie de Covid-19 et des mesures de santé connexes ;*

- *rappelant les nombreuses aides financières mises en œuvre par le Gouvernement pour aider les entreprises à se libérer des effets néfastes des restrictions sanitaires ;*

- *craignant que la pandémie ne se poursuive après le premier semestre de 2022 ;*

- *après consultation régulière des diverses chambres professionnelles, des syndicats et des associations sectorielles sur l'état des entreprises luxembourgeoises pendant la pandémie,*

*invite le Gouvernement*

- *à suivre avec vigilance l'évolution de la pandémie de Covid-19 et ses répercussions sur les entreprises luxembourgeoises afin de pouvoir aider ces dernières à surmonter de futurs obstacles causés par la pandémie ;*

- *à maintenir, voire à intensifier, le dialogue entre les chambres professionnelles, les associations sectorielles et le Ministère compétent.*

(s.) Marc Spautz, Myriam Cecchetti, Sven Clement, Simone Beissel, Tess Burton, Josée Lorsché.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Spautz.

**M. Marc Spautz** (CSV) | An dann, mengen ech, wat och wichtig ass, dass wann elo déi Ännerung kënnt mat den Heure-d'ouverturen, wat jo, wann alles riicht räisst, deemno wéi de Vott muer de Mëtten an der Chamber ausgeet - ech wëll deem elo net virgräifen -, dass jo dann och aner Heure-d'ouverturë kommen an dass da jo och d'Émsätz, op déi sech dat bezitt an op déi dat berechent gëtt, anerer wäerte sinn. Wann de Betrib erëm besser leeft, da gëtt den Émsatz jo och erëm méi grouss. A wann dat sech ëmmer baséiert op den Ënnerscheed vun deene Méint, iert de Covid do war an elo, da misst dat och aner Auswirkungen hunn.

D'Madamm Beissel hat virdrun de Präis genannt. Da wäert och de Präis vun deem Projet allkéiers changéieren doduerch, dass et och méiglech ass, dass méi Recettë kënnen an deene Betriber getäteg ginn.

An e leschte Punkt, wat een awer och ëmmer méi héiert - dat kënne mir zwar net heibanne léisen -, dat ass, dass se ëmmer méi Schwierigkeeten hunn, Personal ze fannen, dass vill Leit decidéiert hunn, opgrond vun där Entwécklung, déi war an deene Secteuren, op aner Aarbechtsplazen ze wiesselen an dass elo de Restauratiounsberäich, awer net nëmmen deen, mee och d'Handwierk, feststellt, dass se ëmmer méi Schwierigkeeten hunn, fir déi Leit ze fannen, déi se brauchen, fir dass de Betrib ka weiderlafen an dass och déi Aktivitéite kënne gemaach ginn, déi an deene Betriber noutwendeg sinn.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, gëtt d'CSV-Fraktioun d'Zoustëmmung zu dësem Projet de loi. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Spautz. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Tess Burton** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, muer stëmme mer



heibannen erëm en neit Covidgesetz. Haut stëmme mer dat eeleft Gesetz vun den Aidë fir d'Betriben. Ech mengen, mir sinn eis alleguer heibannen eens: Mir hätte léiwer déi doten zwee Gesetzter net méi hei um Ordre du jour!

Et hätt och keen domadder gerechent virun zwee Joer, dass mir no deem éischte Lockdown an no 550 Milliounen Euro Aiden, déi mer schonn ausbezuelt hunn, nees hei stinn, wéi elo scho gewosst och net fir d'lescht, an eng weider Verlängerung vun den Hëllef fir kleng a mëttelstänneg Betriben stëmme géifen. Mee mir mussen dës Aidë stëmmen, well déi sanitär Situatioun mat alle Restriktiounen, déi weider néideg sinn, dat vun eis fuerdert. A mir wëllen och dës Aidë stëmmen, well mer eis Wirtschaft an eis Betriben aus dem Mëttelstand weider ënnerstëtze wëllen, dass si dës schwieereg Zäit an der Pandemie iwwerstinn.

Et ass gutt a richtig, dass d'Regierung vun Ufank un d'Betriben net am Stach gelooss huet an och d'Salariéen net am Ree stoe gelooss huet. Dat géllt och elo nach a wäert och iwwert déi nächst Méint mam Phasing Out vun den Aiden nach de Fall sinn.

Här President, fir d'LSAP stounge vun Ufank u an dëser Pandemie d'Leit am Mëttelpunkt, sief et, wat d'Mesuren am Santébsberäich ugeet, awer och an eiser Wirtschaft. Aarbechtsplaze retten a Chômage verhënnere, war vun Ufank un eist groust Zil.

Et muss a soll ee virsiichteg sinn, mee wann ech eiseem neien Aarbechtsminister, dem Georges Engel, nolauschteren, hu mir dëst Zil wäitgeendst bis elo erreicht. Enn Dezember louch de Chômage bei 5,2 % - also um Niveau vu virun der Kris. Heizou huet de Chômage partiell wuel dee gréissten Deel bäigedroen, ma och d'Aide de relance huet Aarbechtsplazen assuréiert, andeem se dem Patron pro Salaré e gewëssene Montant zegutt komme gelooss huet.

Haut stëmme mir, dass dëst och fir d'Méint Januar a Februar de Fall soll sinn. Dat ass och gutt an dat géllt och fir d'Aide vun de Coûts non couverts.

Här President, mir hunn an dësem Gesetz de Champ d'application erweidert. Mir hunn d'Garagisten, déi Autoe verkafen, eligibel gemaach. Dat ass och gutt esou a war och néideg. Mee et ass wichtig, och aner Secteuren am A ze behalen, wéi se mat den Eerausfuederunge vun der Pandemie ëmginn. Am Bausecteur ass et de Moment méi schwéierginn, d'Material erbäizekréien. Hei spille virun allem d'Präisser eng Roll. Et gëtt nach ëmmer Holz ze kafen, mee net méi genuch. An dofir adaptéiert sech dee Präis.

Mir wate gëschent eng grouss Diskussioun heibannen iwwert d'Präisdeierrecht, wéi mer déi ofgefiert kréien. Eng Ursaach hei sinn eeben och d'Betriben, déi och hir Präisser mussen upassen. Do muss mer d'Situatioun am A behalen, dass mir och hinnen hëllef, dat verdeiert Material erbäizekréien a bezuelen ze kënnen, dass net herno aleng de Konsument fir déi verdeiert Präisser muss riichtstoen.

Et gi sécher nach aner Entreprene, déi bei dësen Aiden duerch d'Raster falen. Ech denken do zum Beispill u jonk Entreprene, déi sech rezent gegrennt hunn. Dofir ass et wichtig, dass mer och déi Betriben am A behalen a kucken, wou mer nach Upassungen herno mussen maachen, dass mer keng Betriben verléieren.

D'Zil vun der LSAP ass et nämlech, dass an dëser Pandemie kee seng Existenz verléiert, weeder säi Betrib muss opginn nach seng Aarbechtsplaz verléiert. Dofir brauche mer och dëst Gesetz hei, wat mer haut hei stëmmen. Dofir ginn ech och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Gesetz a soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Burton. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Fir d'éischt merci un d'Rapportrice Simone Beissel fir e gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport. Mir begreissen natierlech, dass dës Aiden elo nach eemol konnten ëm zwee Méint verlängert ginn. Quitte dass vill Betriben entre-temps erëm zrëck an eng gewëssen Normalitéit fonnt hunn, ass et awer ëmmer nach esou, dass eng jett Betriben ëmmer nach schwéier Abousen hunn, virun allem well verschidde Mesuren, déi en place sinn, verhënnere, dass munch Betriben hirer Aarbecht richtig nogoe kënnen. Ech denken hei zum Beispill un d'Nuetsliewen.

Natierlech, an däre si mir eis och bewusst, mussen mir lues a lues och drun denken, dës Aiden erëm erofzufueren, ab deem Moment, wou och déi jeeweileg Mesuren opgehuewe sinn. Bis dohin ass et awer wichtig, dass mir eise Betriben, déi elo esou laang duerghehalen hunn, och nach op der leschter Ligne droite déi néideg Ennerstëtzung zoukomme loosse.

Wat elo bei dësem Projet de loi nei un Aiden derbäikënn, dat ass de Secteur vun den Neiwee, dee wéinst de Liwwerketteschwiereregkeeten zum Deel staark impaktéiert ginn ass. D'Aidë ginn also op der leschter Zilgerad nach eemol ausgeweit, awer dëst ass daitlech limitéiert op déi zwee Méint vum Januar a Februar.

Fir eligibel ze sinn, muss déi jeeweileg Entreprise eng Perte vun op d'mannst 40 % par rapport zum selwechten Zäitraum vun 2019 gemaach hunn, wat jo schonn enger ganz zolitter Perte entsprécht.

Bei engem Tëschebilan vum Autosfestival, dee rezent gemaach ginn ass, kumt allerdéngs eraus, dass d'Verkafszuele ganz gutt wieren. D'Clientë wiere weider gutt a Kaffaun a se hätte Verständnis fir déi laang Liwwerzäiten. Op Basis vun deene positiven Aussoen, kann ee jo nëmmen hoffen, dass déi meescht Betriben sech aus eegener Kraaft aus dëser temporär méi schwieerer Situatioun manövréiert kréien an dass dës temporär Aiden dann och effektiv just temporär bleiwe mussen.

Wéi gesot, ënnerstëtze mir Gréng dëse Projet de loi an domadder ginn ech och den Accord vun der grénger Fraktioun. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Gary. Da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. Ech wëllt dann och ufänken an der Madamm Beissel villmools Merci soe fir dee Rapport, dee se eis gemaach huet.

D'ADR begreist selbstverständlech déi Hëllef, iwwert déi mer haut ofstëmmen. An d'Madamm Beissel huet ganz gutt erkläert, dass dat vill mat der Coronakris ze dinn huet. Awer dat ass nëmmen en Deel vun der Situatioun! Et ass nëmmen en Deel vun der Wourecht, mat där mer haut ze dinn hunn. Well d'Regierung selwer huet den Entreprene et ganz, ganz schwéier gemaach an deene leschte Méint.

Ech wëll hei just drun erënneren, wéi et dem Horeca-Secteur gaangen ass, mat all deem Hin an Hier, mat Restriktiounen, déi net nozevollzéie waren. Elo hu mer d'Spärstonnen, déi Gott sei Dank ewech-falen. Et ass jo esou, dass d'Betriben sech iwwert déi

ganz Zäit beklot hunn iwwert déi Netprevisibilitéit an déi exzessiv Moossnamen, déi net sënnvoll Moossnamen; heiansdo war iwwerhaupt net nozevollzéien, wat do gemaach ginn ass. Den Horeca-Secteur ass een dervun. Een aneren ass den Transportsektor, dee ganz staark viséiert ass, mat Schwiereregkeeten, déi net coronabedéngt sinn, mee déi d'Regierung ze verantworten huet an hirer Politik!

*(Interruption)*

Dofir, loosse mer emol ganz sécher soen: Mir begreisse selbstverständlech all déi Hëllef. A jo, se sinn zum Deel bedéngt duerch eng sanitär Situatioun, déi vill Schwiereregkeete verursaacht huet, mee awer och duerch eng Regierungspolitik, déi einfach net op der Héicht war.

**Une voix** | O vreck!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | En zweete Punkt, deen ech wëllt maachen, dat ass, dass mer jo och elo nach gesinn, dass d'Regierung sech engagéiert op e Wee, fir et de Betriben, déi scho Schwiereregkeeten hunn, nach méi schwéier ze maachen.

Verschiddener vu menge Virriedner hu geschwat vun de Liwwerketten. Jo, do gouf et grouss Problemer, mee vun där selwechter Regierung, déi déi Problemer jo anscheinend agesäit, wa se mat Corona ze dinn hunn, héiere mer, dass se wëllt national virgoen an e Liwwerkettesgesetz maachen - national, wann net op europäeschem Plang -, wat de Betriben erëm zousätzlech Laaschten, administrativer a bürokratescher, operleet. Dat ass einfach dee falsche Wee!

Wat dat Gesetz hei ugeet, begreisse mir déi Hëllef selbstverständlech. Awer mir hu schonn an der Kommissioun gesot: Et geet eis einfach net wäit genuch! An deene verschiddenen Avisen - d'Madamm Beissel hat se ernimmt, vun der Chambre des Salaré, der Chambre de Commerce an esou virun - ass dach den Tenor vun all deenen Avisen, dass et net wäit genuch geet, net breet genuch, net laang genuch, net genuch Entreprisë berücksichtegt ginn. Et ass dach dat u sech d'Hauptkritik!

**Une voix** | Richtig!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An et ass och déi Kritik, där mir eis als ADR uschlëssen. Mir wëllen, dass méi Entreprene ..., dass méi generéis gehandelt gëtt wéi dat, wat d'Regierung hei proposéiert. Dowéinst enthalte mir eis haut - net well mer mam But vum Gesetz net d'accord wäeren, mee well mer deen Prouff un d'Regierung maachen, méi ze maache fir d'Entreprisë wéi dat, wat am Abléck geplangt ass.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An d'Wuert geet weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, esou wéi beim eigentleche Covidgesetz gi mir och bei dësem Gesetz - d'Aidë fir d'Entreprene - reegelméisseg hei am Parlament mat Modifikatiounen a Verlängerungen konfrontéiert.

Mir hunn eis vun Ufank u bei dësen Aiden enthalen, net well mer se net gutt fannen, mee well eis déi sozial Kritik an de Gesetzter feelen. Fir eis ass an éischter Linn de Maintien dans l'emploi wichtig, a mir hu Schwiereregkeeten domadder, wann eng Entreprise ka gläichzäiteg staatlech Aidë kréien a parallell dozou awer Leit entloosse kann. Dat huet sech jo och elo net an dësem geännert. An dofir wäerte mir eis och bei dësem Projet de loi enthalen.



Wat dës Kéier nach dobäi kënnt, ass, datt elo och d'Autoshändler kënne dës Aiden ufroen, déi jo bis elo fir d'Betribler am Horeca oder am kulturelle Beräich reservéiert waren. Begrënn't gëtt dat domadder, datt et an deem Secteur wéinst dem Covid grouss Liwwerproblemer gëtt.

Ech mengen, mat deem Rasonement hätt een nach ganz vill aner Secteure missen hei mat abezéien, déi et warscheinlech finanziell och vill méi néideg hätten. Liwwerproblemer gëtt et aktuell a ganz ville Secteuren. Zum Beispill leiden och ganz vill Handwierksbetribler drënner. Fir eis weist dat hei virun allem, wéi aflossräich d'Autolobby hei am Land nach ëmmer ass.

Ech wëll awer och nach eng Kéier méi allgemeng eppes iwwert déi Aidë soen. Och wann dat vläicht net déi express Volentéit vun der Regierung war, sou muss een awer dach festhalen, datt dës Aidë bei deene kleng Betribler ganz oft net esou ukommen, wéi se sollten. Et gëtt ee jo reegelméisseg an deem Sënn vu Leit kontaktéiert, Leit, déi mat de Modalitéiten net eens ginn, Leit, déi duerch de Raster falen oder déi d'Perte einfach net opgefaange kréien.

Dat hänkt engersäits mat der dach relativ komplexer an oft changéierender Gesetzesbasis zesummen, mat de Berechnungsmethoden, mat dem Mangel un Informatioun an och mam zäitversaten Ausbezuale vun den Aiden, déi deelweis grouss Problemer an der Tresorerie bréngen.

Wat gefeelt huet, war och eng méi grouss Differenzatioun tëschent deene ganz klengen Independanten an deene méi grouse Betribler a Chaïnen. Ech mengen, et ass wichteg, dat och emol eng Kéier hei ze soen, well dobausse bei de Leit ass den Androck entstanden, all déi Betribler am Horeca wiere jo grousszügig vum Staat entschidegt ginn. Dat stëmmt esou net! Well zemoos déi ganz kleng Cafés- a Restaurantsbesëtzer hunn deelweis uerdentlech Plomme gelooss an dëser Pandemie an hu souguer missen zoumaachen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | An deem Sënn muss ee sech och froen, ob een net dës Aiden hätt missen op d'mannst bis de Summer weiderlaffe loosse, esou wéi d'EU dat jo och erlaabt. Et ass jo net dovunner auszegoen, datt ab dem 1. März erëm alles normal leeft an deem Secteur.

Merci fir d'Nolauschtenen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Merci och un d'Rapportrice fir een exzellente Rapport, wou u sech och déi Fro erkläert gëtt, firwat mer et getrennt hunn zwëschen deene retroaktiven Aiden an deenen, déi da bis Summer géife weidergoen, wou jo e Projet de loi ënnerwee ass. An ech mengen, et geet eise Betribler zum Deel nach ëmmer net gutt an duerfir sinn déi Aiden indispensable.

Ech hat e puermol an der Vergaangenheet de Minister interpelléiert a gesot: „Kommt, mir loosse se méi laang lafen, kommt mir loosse se méi laang lafen.“ Ech krut ëmmer d'Äntwert: „Et geet net.“ Ech verstinn, datt dat och net gaangen ass. Deement-sprechend muss mer eebe méi oft déi Aidë stëmmen, ëmmer dann, wann et erëm geet, an duerfir gi mir och haut eise Feu vert derfir.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Mëttelstandsminister Lex Delles.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes | Merci villmools, Här President. Loosst mech fir unzefänken der Madamm Rapportrice villmools Merci soe fir de schrëftlechen an och mëndleche Rapport.

Jo, et war net den éischten. D'Madamm Burton huet gesot, et wier fir d'eelefte Kéier. An ech mengen, dass grad dat och d'Stäerkt war vun den Aiden hei. Ech kommen nach eng Kéier drop zrëck, wat virdru vun der Madamm Cecchetti gesot ginn ass, well nämlech do d'Fro opkomm ass, firwat esou oft déi Aiden ugepasst gi sinn. Majo, well et grad d'Stäerkt ass vun den Aiden, wéi se hei sinn, dass mer ëmmer erëm konnten upassen, Secteure mat eranhuelen, déi am Ufank net dra waren, Secteuren erëm eraushuelen, déi d'Aiden einfach net méi brauchen, well se net méi ugefrot gi sinn.

Hei gesi mer also, dass et eng Verlängerung ass fir zwee Méint. D'Konditiounen vun dem Fonds de relance, vun der Aide relance a vun der Aide coûts non couverts sinn déi nämmelecht. Och hei, contrairement zu deem, wat elo grad gesot ginn ass vun deene Lénken ... Dir hutt gesot, et géif ëmmer erëm d'gesetzlech Base changéiert ginn. Neen, et ass ëmmer erëm dat nämmelecht, säitdeem de Fonds de relance en place gesat ginn ass virun iwwer engem Joer, ass just d'Verlängerung vun den Aidë gemaach ginn, Secteuren erageholl ginn an erausgeholl ginn, mee d'Modalitéite waren ëmmer déi nämmelecht. Dat heescht, do ginn et keng Changementer.

Mam Ausbezuale, dass ee muss esou laang drop waarden, och dat ass net wouer. Op den Dag vun haut si 550 Milliounen Euro iwwert d'Aide coûts non couverts an iwwert de Fonds de relance ausbezuelet ginn. Mir sinn am Moment beim Ausbezuale bei enger Duree vun enger Woch, bannent enger Woch sinn d'Suen ausbezuelet ginn, dat natierlech ënnert der Konditioun, dass den Dossier, deen eragereecht ginn ass, komplett ass.

Ech sinn och ganz frou, dat kënne haut ze soen, well et mat Momenter, wann et Deeg waren, wou 300, 400 Demanden am Dag erakomm sinn, do huet dat natierlech dann dräi, véier Woche gedauert. An ech hunn et nach all Kéier hei gesot, um Ministère hunn d'Beamten alleguerten eng enorm Aarbecht geleescht, fir dat doten och kënne esou schnell kënne ze realiséieren, fir och kënne ganz séier d'Liquiditéiten an d'Betribler ze kréien.

An ech wëll just nach eng Kéier preziséieren: Dat hei ass en Deel vun den Aiden, dat sinn d'Aide coûts non couverts, de Fonds de relance. Fir d'Liquiditéiten goufen et och nach zu verschidde Momenter aner Aiden, fir kënne Liquiditéiten an d'Betribler ze bréngen.

Ech mengen, wat bei dësem Projet de loi och ganz wichteg ass, ass, dass den Accord vu Bréissel schonn do ass. Dat heescht, déi kënne direkt ausbezuelet ginn. An ech sinn och ganz frou, dass an der Kommissioun - an ech wëll och hei der ganzer Kommissioun eng Kéier Merci soen duerfir - d'Decisioun geholl ginn ass, fir deen Text hei eenzel stëmmen ze kënne, an dann, soubal wéi deen Text hei gestëmmt ass, mat engem neie Projet ze komme fir d'Verlängerung bis Juni. Well och dat, wat grad kritiséiert ginn ass, muss een awer a Fro stellen, well nämlech virun zwou Woche schonn annoncéiert ginn ass, dass d'Aidë wäerte bis Juni verlängert ginn. Dat heescht, dat ass alles schonn annoncéiert.

An ech mengen, dass dat e ganz wichtige Punkt ass, Madamm Cecchetti, wéi Der ugeschwat hutt, fir dass et kloer ass, dass d'Betribler Previsibilitéit hunn, Previsibilitéit bis Juni. Dir hutt et kritiséiert, mee et ass

jo schonn annoncéiert ginn, dass mer d'Méiglechkeet hu vun Europa, fir kënne bis Juni Aiden ausbezuale. D'Annonce ass gemaach ginn, wéi et och soll weidergoe fir d'Betribler.

Dir hutt gesot, dass keng Differenz gemaach gëtt tëschent klengen a grouse Betribler. Bon, dat gesinn ech natierlech ganz anescht, well mir hunn eng Staffellung am Aidësystem. Sot mer elo, wann et net wouer ass. Also ech erënnere mech, dass et nach allkéiers dra stoung, dass mer eng Staffellung hu vun den Aiden. D'Aide coûts non couverts, déi net gebonnen ass u grouss oder kleng, déi ass gebonnen un d'Depensen, déi eng Entreprise réellement huet. Wann eng kleng Entreprise héich Depensen huet, da gëtt se méi héich subventionéiert. Wa se méi kleng ass, wa se manner Depensen huet, gëtt se méi déif subventionéiert. Mee hei geet et jo drëm, eebe grad Hëllef kënne ausbezuale, fir dass och déi kleng Betribler déi Hëllef kréien. Do ass et limitéiert op 30.000 Euro de Mount, wann Der vun engem Einmannbetrib schwätzt zum Beispill. Ma deen huet d'Méiglechkeet, wann d'Depensen héich sinn, 30.000 Euro de Mount iwwert déi Aiden hei ze kréien, natierlech limitéiert dee ganze Montant am europäesche Kader op 1,8 Milliounen pro Betrib. Mee ech mengen, dass do déi mannste ganz kleng Betribler op déi Limiten dropkommen.

Ech fannen et awer ëmmer e bësse speziell, wann een - an do ginn ech Iech Recht - sech déi Fro stellt vun Almosen. Et héiert een ëmmer erëm: „Jo, d'Betribler kréien hei Almosen ausbezuelet.“ Dat gesinn ech guer net esou! Et ass hei en Investissement an d'Betribler. Et ass en Investissement an d'Zukunftsfäegkeet vun der Lëtzeburger Wirtschaft, dass déi Aiden hei ausbezuelet ginn, fir dass och wann déi Kris hei eriwuer ass, mer nach kompetitiv Betribler hunn, déi kënne fonctionéieren an déi net duerch déi Kris hei futti gaange sinn.

An do gesäit ee jo och mat den Zuelen ... Ech weess net, ob do Verschiddener vläicht anerer gesinn hunn. Ech hunn déi gesi vun de Failliten, déi erfogaange sinn an de Krisejoren. Mir hunn also manner Failliten an de Krisejoren, wéi mer nach 2019 haten. An ech si mer sécher, dass do souwuel de Chômage partiel wéi awer och déi Aiden hei e ganz wichtige Bäitrag dozou geleescht hunn, dass mer eebe grad kënne eise Betribler hëllef, iwwert déi schwéier Zäiterauskommen.

Dann natierlech déi Fro vum Delai, eng ganz wichteg, an d'Madamm Rapportrice huet se gesot. Ech wëll se awer just nach eng Kéier ënnersträichen: Den Delai, wou ee kann d'Demanden erareeche, ass verlängert ginn op de 15. Mee. Dat heescht, alleguerten d'Aiden, déi tëschent Juli a Februar da kënne ugefrot ginn, hunn en Delai bis de 15. Mee, wou se kënne eragereecht ginn. D'Demandé fir de Januar an de Februar wäerten ab muer och online sinn a wäerten dann och esou séier wéi méiglech kënne traitéiert ginn. Ech mengen, dass dann nach jiddweree ka réckwierkend, wann en elo ganz grouss Liquiditéitsproblemer hätt an awer trotzdem vergiess huet, Juli, August, September, Oktober seng Demanden eranzereeche, déi da mat deem Projet de loi hei kann nach bis de 15. Mee erareeche. Ech mengen, dass dann och laang genuch Zäit war, fir kënne déi Demanden ze maachen an och fir kënne schnellstméiglechst hei déi Aidë kënne ausbezuelet ze kréien.

Ech mengen, dass mer dat eebe grad mat dem europäesche Kader maache kënne, wann deen neie Projet eragereecht ginn ass.

Ech wëll nach ganz kuerz just op d'Motioun agoen, déi eragereecht ginn ass. Natierlech ass et ganz wichteg, dass mer a permanentem Echange si mat



deene verschiddene Chamberen oder mat de Fédération, fir eis och kënne e geneet Bild ze maachen um Terrain.

Ech deelen natierlech net d'Meenung, dass eng Fédération vläicht méi e staarke Lobbying mécht wéi eng aner. Ech fannen eischter hei, dass et esou ass, dass wa mer vu Retarde schwätzen, vun Ausliwwerunge vun iwwer engem Joer an dass een do d'Zuele ganz kloer gesäit, dass et der Vente ... An ech schwätzen hei just vun der Vente vun Autoen, déi hei mat an den Aidé sinn. Mir müssen déi Differenz maachen tëschent Flécken, also alles wat Mechanik ass ... Do sinn d'Méiglechkeeten do, mee bei aneren net.

En tout cas wëll ech villmools Merci soe fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Mëtzelstansminister Lex Delles. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Ier mer elo zum Vott kommen, wollt ech drun erënneren, datt ee sech fir d'éischt muss op sengem Posten aloggen, fir kënne mat ofzestëmmen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7935. Den Text steet am Document parlementaire 7935<sup>9</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7935 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 54 Jo-Stëmmen bei 6 Abstentionen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

**Motion 1**

Da komme mer nach zum Vott vun der Motioun. Wëllt nach een d'Wuert zur Motioun ergräifen? D'Madamm Simone Beissel.

**Mme Simone Beissel** (DP) | Merci, Här President. Fir d'éischt merci dem Här Spautz, deen d'Initiativ geholl huet fir dës Motioun. Et sinn u sech zwee Punkten dran. Dat heescht, invite dass d'Regierung virufiert, ganz genau de Secteur ze surveilléiere mat all deem, wat do nach komme kann, fir andauernd kënne anzegräifen. Ech mengen, de Minister huet et gesot, dass en dat och ëmmer mécht.

An dat Zweet, dat ass - an ech mengen, ech widderhuelen Iech dat, Dir héiert dat jo och dobaussen -, dass de Minister Lex Delles bekannt dofir ass, dass e vun Ufank un, wou en an deem Amt ass, reegelméisseg am Dialog ass mam Secteur a mat all de Chamberen, a säit der Pandemie net nëmme reegelméisseg, mee praktesch andauernd a ganz intensiv. Well allegueren déi Texter, déi ausgeschafft gi sinn, déi droe wierklech - wéi soll ech soen - eng gemeinsam Handschrëft vum Secteur an dem Minister Delles selwer.

An entschëllegt, ech kann et jo awer elo net loossen: De Verrieder vun der ADR huet Saache gesot, déi eis zu dëser Säit vun de Bänken net verständlech sinn. Hie seet, et wär net nëmmen d'Pandemie an d'Regierung géif näischt maachen. Ausser ech hu Lächer am Kapp: Mir sinn elo um eeleften Text vun den Aiden an de reguläre Verrieder vun der ADR ass nëmme heiansdo an der Kommissioun an deen, deen haut geschwat huet, dee war an de leschte Joren net eng eenzeg Minutt an der Kommissioun, kann also net wëssen, wat alles diskutéiert ginn ass vun all de Problematiken, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Beissel** (DP) | ... den Aiden, der Philosophie vun deem ganze Secteur. Et deet mer leed, ech muss dat lassginn, well et ass eng intellektuell Injure, wann ech Saachen héieren, dass d'Regierung ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Beissel** (DP) | ... all Mënsch géif am Ree stoe loossen. Also wannechgelift!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Beissel. An da kritt den Här Fernand Kartheiser d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, ech hat eigentlech net wëlles, elo ze schwätzen, well mer eis alleguer iwwert déi Motioun hei eens sinn. Mee wann ech d'Madamm Beissel héieren, wëll ech awer e puer Wuert soen.

D'Madamm Beissel wëllt eischters hei den Androck verwëschen, datt mer jo net alleguer Member an all Commission parlementaire sinn. Ech sinn zum Beispill net Member an der Kommissioun vun de Classes moyennes.

(Brouhaha)

**M. Gilles Baum** (DP) | Äre Verrieder ass ni do. Dee sëtzt a Südafrika!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech sinn also normalerweis och net do, mee ech sinn an deene Kommissiounen, wou ech Member sinn, wat awer net heescht, datt ech selbstverständlech net d'Regierungspolitik an all deenen Domäne genee verfolge. An dat, wat mir soen als ADR, dat ass just eng Tatsaach!

Kuckt dach nëmme, wéi Der mam Transportsecteur ëmgitt! Kuckt, wéi Der doduerch, datt Der zum Beispill de betriblichen Diesel ëmmer méi héich besteiert, zur Inflation bäidro! Kuckt, wat Der mat den Energiepräisser maacht, wou eis Entreprene ...

**M. Gilles Baum** (DP) | Kommt op d'Theema!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... Problemer hunn, well d'Energiepräisser a Frankräich, wat just den Noper ass, wat just d'Konkurrenz ass, véier- bis fënnefmol méi bëlleg si wéi hei!

(Brouhaha)

Kuckt Iech dach un, wat Der mat den Entreprisë maacht! Kuckt Iech un - an ech hunn dat Beispill vun dem Horeca genannt -, wat Dir gemaach hutt an deene leschte Méint mat deem Hin an Hier!

(Brouhaha)

Hutt der dem Här Koepp net nogelauschert? Ech brauch net an der Classes-moyennes-Kommissioun ze sinn. Et geet duer, fir dem Här Koepp nozelauschteren an all deem, wat dee gesot huet, fir Iech ze soen, datt Der net kapabel waart, ...

(Interruptions)

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech bréngen Iech seng Interviewen, wou en den Här Delles lueft!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... eng Politik ze maachen, déi dem Secteur vum Horeca entgéintkomm wär. Dir hutt a méi wéi an engem Secteur während dëser Kris einfach eng Navigation à vue gemaach, en Hin an Hier, wat enger Regierung onwierdeg ass, wou Der net gewisen hutt, datt Der op der Säit vun den Entreprisë stitt, mee an engem Aktionismus, wou Der probéiert hutt, eppes ze maachen, wat absolut net der Situatioun ugemoss war.

An dofir soe mir Iech als ADR: Déi Hëllef ginn eis net wäit genuch! An et ass net esou, wéi d'Madamm Beissel hei seet, datt mir e falschen Androck géife vermëttelen, well mir widderhuelen dat hei, wat d'Entreprisë soen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech géif mengen, Büro 6!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Dann huet den Här Dan Kersch d'Wuert gefrot.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här President, ech wollt just eng ganz kleng Fro stellen un den Här Kartheiser. Nennt mer wannechgelift ee Land, wou d'Aiden un d'Betribler méi héich ware wéi hei zu Lëtzebuerg!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech soen Iech eppes, Här Kersch. Dir hutt mech jo gefrot. Nennt mir ee Minister, deen esou géint d'Indépendante gefacht huet wéi Dir an deen dofir aus der Regierung erausgaangen ass.

(Brouhaha général)

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Äntwert op d'Fro!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, wannechgelift.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Äntwert op d'Fro!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ënner all deene Leit, déi hei an enger Verantwortung ... an de Réck gefall sinn. Dir sidd ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Äntwert op d'Fro! Äntwert op d'Fro!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, ech géif Iech bieden, deen exzessiven Toun ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Äntwert op d'Fro! Äntwert op d'Fro!

**Une voix** | Dir hutt net op d'Fro geäntwert.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Et ass keng Äntwert komm. Dat ass bezeichnend fir déi Politik, déi Der maacht.



Hallefwoerchten an d'Welt setzen an op konkreet Froen net äntweren!

(Brouhaha)

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | D'Äntwert ass, datt Dir haut hei ...

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Dann nennt e Land!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, ech bieden Iech, an der Zukunft all Är Interventiounen an engem ugemooenen Toun ze maachen, wéi dat sech an dësem Haus gehéiert. Ech soen Iech Merci. An da ginn ech d'Wuert un den Här Mëtzelstandsminister Lex Delles.

**M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes | Just fir déi Diskussioun do direkt wëllen am Keim ze erstécken: All déi Aiden, déi gemaach gi sinn, sief et fir d'Indépendanten iwwert de Ministère des Classes moyennes oder all déi aner Aidé wéi zum Beispill d'Aide coûts non couverts, iwwert déi mer haut schwätzen, d'nämmlecht awer och de Fonds de relance, wou och do d'Indépendanté mat en Consideratioun geholl ginn, si mam Här Minister Dan Kersch zu deem Moment ofgeschwat ginn a sinn och do echangéiert ginn, fir déi esou kënne en place ze setzen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes | Just fir dat eng Kéier kënne ze soen.

Op där anerer Säit, mengen ech, wier et ganz einfach: Déi Diskussioun hei misst guer net sinn, wa mer kéinten den Här Reding froen, dee feste Member ass fir Är Sensibilitéit an der Kommissioun, dee leider awer all déi Proposen, déi jo esou dramatesch elo grad hei vun Iech erkläert gi sinn, leider an der Kommissioun ni ugeschwat huet. Da sinn ech jo sécherlech frou, wa mer an der nächster Kommissioun da kënne mam Här Reding als Verrieder vun der ADR doriwwer schwätzen, wann et Iech esou ënnert den Neel brennt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

(Brouhaha)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Do kann ee weinstens per Visio derbäissinn!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Mëtzelstandsminister. An dann huet nach den Här Yves Cruchten d'Wuert gefrot.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, entschëllegt, dass ech elo net hei zu deem Cabaretstéck hei ka bäidroen, mee ech wollt eigentlech just dem Kolleg Marc Spautz villmools Merci soe fir seng Motioun, well och wa se e bësse banal schéngt, se ass extreem wichteg. Well effektiv, mir därefen net mengen, dass mam Enn vun de Moosnamen ëmmer alles direkt an der Rei ass, mee dass mer effektiv mussen de Fokus halen op Problemer, déi och nom Enn vun de Moosnamen nach kéinten entstoën.

An ech sinn immens frou, dass de Minister vum Mëtzelstand, den Här Delles gesot huet, dass en dat selbstverständlech géif maachen zesumme mat der ganzer Regierung an da gegebenfalls och nach eng Kéier an d'Kommissioun géif komme respektiv an d'Chamber, fir iwwer eventuell aner Hëllef oder aner Projeten ze diskutéieren, wéi mer dann deenen Entrepreneuren, déi kéinte leiden, ënnert d'Äerm gräifen.

Ech soen duerfir dem Marc Spautz nach eng Kéier villmools Merci. Déi Motioun hei ass ganz wichteg an déi kritt selbstverständlech d'Ënnerstëtzung vun der LSAP.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An dann nach eng Kéier - ganz lues wannechgelift - den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, ech wollt eigentlech just Iech soen: Natierlech ginn ech Iech komplett Recht an där Remark, déi Der gemaach hutt. Ech wollt Iech just soen: Et ass schwéier, fir sech verständlech ze maachen, wann 59 oder 56 Kolleegen hei jaitzen, wann ech schwätzen.

(Hilarité)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Genau 59!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Wann déi 56 Kolleegen géifen héiflech nolauscheren, bräicht ech meng Stëmm net ze erheien.

Dat gesot, wëll ech selbstverständlech och soen, datt d'ADR déi Motioun vum Här Spautz absolutt ënnerstëtzt. Ech soen Iech Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | 58, well den Här Reding ass net do!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser.

Da kënne mer elo zum Vott vun der Motioun kommen. Kënne mer dës Motioun à main levée ofstëmme?

(Assentiment)

#### Vote sur la motion 1

Wie mat der Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugehall.

### 4. 7473 - Projet de loi relative au patrimoine culturel et modifiant :

**1<sup>o</sup> la loi modifiée du 4 mars 1982 a) portant création d'un Fonds culturel national ; b) modifiant et complétant les dispositions fiscales tendant à promouvoir le mécénat et la philanthropie ;**

**2<sup>o</sup> la loi modifiée du 25 juin 2004 portant réorganisation des instituts culturels de l'État ;**

**3<sup>o</sup> la loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles ;**

**4<sup>o</sup> la loi du 17 août 2018 relative à l'archivage**

Mir kommen elo zum Projet de loi 7473 iwwert de kulturelle Patrimoine. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Octavie Modert, den Här André Bauler, d'Madamm Lydia Mutsch, den Här François Benoy, den Här Fred Keup, d'Madamm Nathalie Oberweis, den Här Sven Clement. An d'Rapportrice, déi honorabel Madamm Djuna Bernard, huet elo d'Wuert fir hire Rapport. Madamm Bernard, wannechgelift.

#### Rapport de la Commission de la Culture

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng), rapportrice | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech 2019 hunn dierfen d'Presidence vun der Kulturkommissioun untrieden, hunn ech mech als studéiert Historikerin scho ganz besonnesch op een Dossier gefreet an dat war dës neit Patrimoinengesetz.

Vis-à-vis vun eise kulturellen Ierwe fillen ech mech dankbar an humble, fir Iech dës Gesetz kënne virstellen, mäin éischte Gesetzesrapport zu esou engem Sujet ze halen an dass mer haut dës Meilestee kënne zesumme stëmmen.

Eist kulturell Ierwe reflektéiert d'Geschicht vun eise Land, vun dësem Territoire, vun de Mënschen, déi hei gelieft hunn an nach liewen. Et ass e siichtbaart Zeeche vun eiser gemeinsamer Vergaangenheet an

domadder en Deel vun eiser Identitéit. Dowéinst schwätze mer haut an hei eeben net just vun alen Haiser oder Schiebelen am Buedem. Nee, et geet bei dësem Gesetz ëm net méi an net manner wéi ëm e wichtige Facteur vun eise Zesummeliewen, vun eiser sozialer Kohäsioun.

An dësem Bewosstsinn reegelt d'Gesetz, wat ech Iech haut dierf virstellen, den Ëmgang mat eise materielle wéi immaterielle Kulturierwen. Et reegelt den Ëmgang domat am Sënn vun der Nohaltegkeet, fir dass déi kommend Generatiounen och nach vun der historescher Architektur, den archeologesche Schätz am Buedem oder vun de Gebräich vun deemools profitéiere kënne.

D'Reform vum Patrimoinengesetz geschitt ënner dräi groussen Ziler:

Éischtens gëtt hei eng méi modern a ganzheetlech Konzeptioun vun eise Patrimoine définéiert an applizéiert. D'Gesetz huet esou den Usproch, fir an dësem Beräich kloer an transparent Prozedure fir déi verschidden Acteuren a Verantwortlech ze definéieren.

Zweetens sollen an dësem Text sämtlech Dispositiounen zum kulturelle Patrimoine regroupéiert ginn. Ech kommen zu engem spéidere Moment op déi véier verschidde Beräicher zréck, ëm déi et hei geet.

An drëtzens geet et an dësem Gesetz drëms, dass mer déi international Konventiounen an d'Traitée ronderëm den Denkmalschutz gesetzlech ëmsetzen, déi Lëtzebuerg och an der Vergaangenheet scho ratifizéiert huet.

Här President, dass dës Gesetz néideg ass, kann een och unhand vun e puer Zuele festmaachen: 47 %, dat ass d'Steigerung vun der Zuel vun national geschützte Gebaier an de leschten zéng Joer. 21, dat ass den Zouwuess u Personal vum Service des sites et monuments säit 2008. An zu gudder Lescht 39, dat ass d'Zuel vun de Joren, déi dat aalt Gesetz elo a Kraaft ass.

Et gesäit een also, dass sech an de leschte Jore vill gedoen huet beim Patrimoine, mee dass de gesetzleche Kader der Entwécklung hannendrugelaf ass, beziéungsweis sech eigentlech net beweegt huet.

Och wa mer iwwert d'Grenze vun eise Land eraus kucken, gesi mer, dass eis däitsch Nopere bei hirem Kulturgutschutzgesetz vun 2016 an d'franséisch Nopere mat hire substanzialen Ännerungen am Code du patrimoine 2016 an 2021 scho maassgeblech Schrëtt an hire Approche zur Protektioun vum Patrimoine geholl hunn.

D'Konventioun vu Faro war e wichtige Startpunkt fir d'Aarbechten un dësem Gesetz. Si setzt souzesoen de moderne Standard vum Denkmalschutz op internationalem Plang. Zum engen gëtt an dëser Konventioun den Ënnerschied vun de véier Volete vum kulturellen Ierwe gemaach. Zum anere gëtt den effentlechen Interesse um Schutz vum Patrimoine aus verschiddene Richtungen ofgeleet, notament aus enger historescher, enger kënschtlerescher, eng wëssenschaftlecher an enger politescher Dimensioun.

D'Essenz vun dëser Konzeptioun vum Patrimoine léisst sech mat de Wieder vum Françoise Benhamou gutt erëmginn: « Le patrimoine relève [...] du passé, il en raconte l'histoire et nous mène au présent dont il nourrit la créativité. » Am Géigesaz zu fréier ënnersträicht eng modern Virstellung vum Kulturierwen och den Aspekt vun der Valoriséierung, dat heescht d'Fro, wéi de Patrimoine net nëmme kann erhalen ginn, mee wéi e kann notz- an erfuerbar gemaach gi fir eng méiglechst grouss Zuel vu Leit - haut an an der Zukunft.

Dat steet am Géigesaz zu fréieren Approchen, déi méi op eng reng Konservéierung beziéungsweis Protektioun vu Sitten a Monumenter fokusséiert waren.



Och wann et vill Neierunge gött, ännert dës Gesetz eng grundsätzlech Aufgabeverdeelung net. D'Roll vum Staat ass et och weiderhin, fir de kulturelle Patrimoine, dee vu nationalem öffentlichelem Interêt ass, ze conservéieren an ze schützen. D'Gemege behalen hir Kompetenzen a Verantwortlechkeete fir Gebaier, déi op lokalem Plang schützenswäert sinn.

Wann de Kär vun engem Gesetz ëm d'Geschicht geet, da wëll ech hei awer och kuerz op d'Geschicht vun dësem Gesetz agoen. Den Denkmalschutz ass sécher en Thema, wat d'Gemiddler beschäftegt, an dat net eréischt an de leschte Joren. Iwwert déi lescht Joerzénge gekuckt, sinn de wirtschaftlechen an demografesche Wuesstem sécher déi driewend Facteuren, firwat de Schutz vum Patrimoine zu Lëtzebuerg ënner Drock geréit. Nieft Verloschter gouf et awer och zum Deel ganz flott archeologesch Entdeckungen, déi de Räichtum vun eiser Geschicht dokumentéieren.

A leider ass et awer och d'Realitéit, dass dës Fouillé Schwierigkeeten op organisationellem wéi finanziellem Plang vun esou munch Projekte mat sech bruecht hunn. Scho viru ronn 20 Joer gouf et duerfir e Reform-projet. An dëse Projet de loi 4715 hat et bis wäit an déi parlamentaresch Prozedur gepackt, mee sollt awer schlussendlech ni adoptéiert ginn.

Ënnert der Madamm Modert als Kulturministeresch gouf dunn 2012 eng wegweisend Etüd vum François Deseilles zum Denkmalschutz zu Lëtzebuerg an Opdrag ginn, déi wichteg Erkenntnisser fir d'Aarbecht vun haut mat sech bruecht huet.

2015 huet mäi geschätzte Kolleg André Bauler eng Interpellatioun zum Thema an dësem héijen Haus ugefrot, déi e breede politesche Konsens erginn huet, dass op dësem Sujet dréngend misst nei legiferéiert ginn. Mee och an der Zivilgesellschaft, wou sech Biergerinitiativen zesummefannen, fir op d'Zerstéierung vun ale Gebaier opmierksam ze maachen, an notament mat Succès eng Petitioun lancéiert hunn, déi mir den 21. Oktober 2020 diskutéiert hunn.

Kolleginnen a Kollegen, vun der Geschicht vum Gesetzesprojet vun haut kommen ech dann elo op säin Inhalt. Dat neit Patrimoinengesetz beschäftegt sech, wéi gesot, mat véier Voiete vum kulturellen Ierwen, op déi ech elo kuerz wäert agoen.

Deen éischte wär de Volet vum Patrimoine archéologique. Hei ass eng vun deene wichtigsten Ännerungen de Prinzip vun der Archéologie préventive. Si ass an der Valletta-Konventioun verankert, déi Lëtzebuerg 2016 approvéiert huet.

De Paradigmewissel, deen hei an der Archeologie vollzu gött, ass dee vun enger reaktiver zu enger proaktiver Philosophie. Amplaz dass d'Archeologen eréischt nodréiglech bei zufälligen Entdeckungen an an der Urgence mussen mat hirer Aarbecht ufänken, gött op eng systematesch archeologesch Evaluatioun vun den Terraine gesat, déi scho während der Planungsphas vun engem Projet ka stattfannen. Esou ginn déi deier an onprevisibel Baustoppe verhënnert, wéi mer se haut kennen. Esou ergëtt sech méi Previsibilitéit a Sécherheet fir all déi Concernéiert. Fir dëse Changement ze erméiglechen, ginn opgrond vun eise histoireschen a wëssenschaftleche Wëssen sougenannt „Zones d'observation archéologique“ définéiert, innerhalb vun deenen d'Bauprojekte fir d'éischt archeologesch evaluéiert ginn a wou dann - wann et néideg ass - Buedemsondierungen oder Sondéierungsgruewungen duerchgefouert solle ginn.

Allerdéngs war et dem Legislatuer hei wichteg, Garde-fouen anzabauen, fir d'Prozedure méiglechst iwwerschaubar a kleng ze halen. Esou ass de Bau vu Gebaier an Infrastrukturen, déi net méi déif wéi 50

Zentimeter sinn, vun der archeologescher Evaluatioun ausgeholl.

An da gött et och fix Delaie fir preventiv Archeologie. Dës beläfe sech am Prinzip op sechs Méint, kënnen awer am Accord mam Propriétaire op zwielef Méint verlängert ginn, wann d'Entdeckungen dat rechtfertegen.

Fir dësen Deel zur Archeologie ofzeschléissen, wollt ech awer nach zwee Punkten uféieren. Deen éischte betrëfft de Centre national de recherche archéologique, dee mat dësem Gesetz zum Institut national de recherches archéologiques gött an deem seng Attributiounen méi breet opgestallt ginn, fir sengen neie Responsabilitéite gerecht ze ginn.

An déi zweet Remark betrëfft den Inventaire vum archeologesche Patrimoine. Dësen Inventaire ass natierlech virgesi wéi och bei deenen anereren Deeler vum Patrimoine. En ass awer am Géigesaz zum Patrimoine architectural net ouni Weideres fir e breede Public accessibel, dës ganz einfach, well soss eventuell Schatzsucher sech kéinten ermontert fillen, fir selwer de Spuet an de Grapp ze huelen an illegal Fouillen duerchzeféieren.

Net méi spéit wéi haut hat eis Kulturkommissioun d'Méiglechkeet, fir d'Vestigen zu Schieren ze besichen.

Ech wëll op dëser Plaz profitéieren, fir der Ekip vum CNRA e grouse Merci ze soe fir déi flott Visitt an hir engagéiert Aarbecht am Alldag.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng), rapportrice | Léif Kolleginnen a Kollegen, vun der Archeologie kommen ech eriwuer bei den zweete groussen Deel vum Gesetz. An dat ass de Patrimoine architectural, also dat, wat mir an der Vergaangenheet klassescherweis als den Denkmalschutz bezeechent hunn.

En enorm wichtegt Dokument an dësem Beräich ass d'Granada-Konventioun vun 1985, déi mat dësem Gesetz endlech och zu Lëtzebuerg ëmgesat ka ginn. Och hei fënnt sech de Paradigmewissel, deen dës Gesetz mat sech bréngt.

An der aktueller Prozedur war et nämlech esou, dass national relevant Gebaier an Denkmäler opgrond vun eenzelnen Demandé klasséiert goufen. Oft war dat de Fall, wann e Gebai zum Beispill de Besëtzer gewieselt huet oder wann den Zoustand sech schonn dramatesch verschlechtert huet. Esou konnten och an der jéngster Vergaangenheet Gebaier net gerett ginn, well d'Fro vum Klassement sech einfach ze spéit gestallt huet.

Mat dem neie System wiessele mir och hei op e proaktive Schutz eriwuer. Op Basis vu kloren an eenheetlechen Definitiounen a Krittäre gött nämlech zukünfteg e wëssenschaftlechen Inventaire fir all Gemeng erstallt. Op där Basis gött da Gemeng fir Gemeng e Règlement grand-ducal ugeholl, deen déi Gebaier schützt. Domat verschwënnt dann och de Besoin fir den Inventaire supplémentaire als Virstuf zum vollwäertegen Klassement. Zousätzlech heizou féiert d'Gesetz d'Notioun vun de „Secteurs protégés d'intérêt national“ an, e Parallelismus zum Naturschutzgesetz, deen zum Zil huet, fir en Ensembl vu Gebaier ze schützen, fir esou e Gesamtbild ze erhalen. Als Ganz gekuckt, bréngt déi nei Prozedur och erëm vill Previsibilitéit, kloer Prozeduren an Transparenz mat sech a steet domat am Kontrast zur aktueller Virgeeënswies.

Natierlech wäert dee Wiessel eng gewëssen Zäit an Usproch huelen. An dofir kommen ech gläich nach eng kéier drop zrëck. Mee ëmgekéiert gekuckt ass dat en Effort, dee sech enorm lount, fir an der Zukunft

eng kéier viru de Won ze kommen, anstatt em permanent hannendrunzelafen.

Fir eise gebaute Patrimoine an der Tëschenzäit ze beschützen a weider Verloschter ze verhënnern, gesäit dat neit Gesetz nämlech dann de Mechanismus vum „Filet de sécurité“ vir. Dës gesäit vir, dass ab dem Akraafttriede vum Gesetz all Propriétaire vun engem kommunal geschützte Gebai de Minister spéitstens bei der Demande vun der Baugeneemegung muss informéieren, falls en d'Gebai ofrappen oder ëmbaue wëllt. Esou kann d'Gebai dee Moment - falls néideg - nach an d'Klassementsprozedur kommen.

Mir haten an der Kulturkommissioun d'Méiglechkeet, d'Ekip vum Service de l'inventaire ze besichen an eis hir Aarbecht erklären ze loossen. Mat vill Fingerspëtzegefill, Rigueur an Disziplin schaffe si an deene kommende ronn zéng Joer, fir dass dësen neie System ka Realitéit ginn.

Bei der Inventariséierung vun de Gebaier a Sitten ass et vun enormer Wichtigkeet, fir sämtlech concernéiert Acteuren, déi verschidde Ministère, d'Gemengen, d'Bierger an eviderenterweis d'Propriétaire vun de Gebaier matanzebeziehen an ze héieren. Mat anere Wieder: D'Transparenz ass ganz wichteg an engem Beräich vun engem kollektive Gutt an awer och vu wichtige individuelle Grondrechter wéi deem op Eigentum.

Dofir gött bei all Gemeng, wou den Inventaire gemaach gött, och eng Enquête publique gemaach, fir dass d'Biergerinnen an d'Bierger hir Avice kënnen afléisse loossen. An deem Kontext ass och d'Sensibiliséierung an d'Informatioun iwwert dat neit Patrimoinengesetz eng ganz wichteg Aarbecht an Aufgab, déi och zesumme vun de staatlechen Institutionen an de Gemenge kann a soll wouergeholl ginn. De Service des sites et monuments leet schonn haut immens vill Wäert op dësen Deel vun der Aarbecht, wouvu mir eis als Kommissioun konnte bei eiser Visitt iwwerzeegen.

Zum Patrimoine architectural bleift fir de Rescht just nach ze soen, dass och den zoustännegen Service des sites et monuments nationaux den Numm an d'Missiounen geännert respektiv erweidert kritt. En heescht an Zukunft dann „Institut national du patrimoine architectural“.

Ech kommen elo zum drëtten Deel vum Gesetz, dem Patrimoine mobilier. Bei dësem Beräich geet et beispillsweis ëm Objete wéi Biller, Mëzen, Statuen oder histoiresch Miwwelen, déi vun nationalem Interêt sinn. Bis haut huet et an dësem Beräich, dee viru allem fir de Konschthandel an d'Muséeën wichteg ass, un enger kohärenter Legislatioun gefeelt. Dat war ëmsou méi problematesch, well den internationalen Handel mat esou Objeten a Konschtwierker an de leschte Joren a Joerzénge immens zougeholl huet, wat logescherweis och ëmmer méi Kulturgidder aus illegale Quellen an de Marché mat eragezunn huet. Och an dësem Beräich setze mir hei europäesch an internationalen Texter ëm.

Mat déi gréissten Ännerung ass d'Aféierung vun engem Certificat de transfert fir verschidde Kategorien u kulturellen Objeten, deen eng legal Zirkulatioun dovunner soll erméiglechen. Da gött och den Import vun Objete verbueden, déi illegal exportéiert goufen, entweder aus engem EU-Memberland oder aus engem Land, wat d'Unesco-Konventioun oder d'Konventioun vun Den Haag ënnerschriwwen huet. Zu gudder Lescht ginn dann am Beräich vum mobile Patrimoine nach d'Garantie d'État an d'Garantie de restitution gereegelt, déi ënner anerem fir eis Muséeën wichteg sinn.

De véierte Beräich a leschte Beräich vum Gesetz concernéiert dann eise Patrimoine immatériel, deen an



der Unesco-Konvention verankert ass. En ëmfaasst Praktiken, Traditionen, Wëssen an Knowhow vu Communautéiten, Gruppen oder Einzelen, déi vun nationalem Interêt sinn. Fir Iech Beispiller ze nennen: d'Eemaischen, d'Schueberfouer oder d'Sprangpressesioun. Hei gëtt mat dësem Gesetz en Inventaire vun dësem schützenswäerten Ierwen etabléiert.

Här President, ech hu probéiert, Iech dësen dach groussen a komplexe Projet a senge graffe Linne virzestellen. Ech kommen elo nach zu de verschiddenen Avisen, déi mer erakuten. Well et der vill waren, kann ech leider just kuerz drop agoen a verweise fir den Detail op mäi schrëftleche Rapport. Herno kommen ech dann zu den Aarbechten an der Kulturkommission.

De Staatsrot huet a sengem éischten Avis vum 9. Juni 2020 d'Iddi vun enger Moderniséierung vun de bestoende Reegelen an eng Vereinfachung vun de Prozeduren begréisst. En huet och d'Ëmsetzung vun den internationale Konventionen ënnerstëtzt an novollzunn. Gläichzäitig goufen et awer och eng ganz Rëtsch vun Oppositions formelles, déi sech ronderëm verschidden Theeme regroupéiert hunn. Dëst waren d'Onkloerheet vun de penale Sanktiounen am ursprënglechen Text, d'Diskussion ronderëm de Prinzip vun der Égalité de traitement an der Egalitéit virun den effentlechen Chargen, dann awer och nach d'Virkaftsrecht vum Staat an d'Recoursmëglikeete géint déi am Gesetz festgeschriwwene Prozeduren.

An hirem nächsten Avis am Mee 2021 war déi héich Kierperschaft an der Lag, de Gros vun den Oppositionen opzehiewen, huet awer zwou neier opgeworf op Basis vun den Amendementen, déi mer hinnen eragereecht hunn.

A sengem zweeten Avis complémentaire war de Staatsrot dunn an der Lag, fir sämtlech Oppositions formelles opzehiewen.

Wéinst de juristeschen Aspekter vun dësem Theema krute mir och Avice vun den Autorités judiciaires. Och hei waren d'Haapttheemen d'Recoursmëglikeeten, d'Kloerheet an d'Transparenz vun de Prozeduren, d'Virkaftsrecht vum Staat an d'Indemniséierung vun de Propriétaires.

Da kommen ech elo bei d'Beruffskummeren: D'Chambre des Métiers weist sech besuergt iwwert den Impakt vun der Archéologie préventive op de sensibelen Immobiliemarché, wënscht sech méi selektiv Krittäre fir de Patrimoine architectural an dréckt sech kritesch zu dem Droit de préemption vum Staat aus.

D'Chambre de Commerce lueft d'Ziler vum Text an ënnersträicht d'Wichtigkeet vum Kulturierwen als Attraktionsfacteur fir eist Land, zum Beispill beim Tourismus. Se suergt sech awer ëm zousätzlech administrativ Hürden a kritiséiert, dass d'Hallschent vun de Käschte fir d'Preventivarchéologie vun de Propriétaires ze droen ass.

D'Chambre des Notaires reflektéiert an hirem Avis vill iwwert dat staatlecht Virkaftsrecht, wënscht sech méi prozedural Kloerheet an dréckt hir Besuerge aus, dass dëst Gesetz d'Rechter vun de Propriétaires aschränke kéint.

Dann zu de Gemengen: De Syvicol huet en éischten Avis am Februar 2020 eraginn an e komplementären Avis am Abrëll 2021. De Gemengesyndikat gesäit net nëmme de Besoin fir en neit Gesetz, e fënnt souguer, dass et héich Zäit gouf. E mécht sech allerdëngs Suergen ëm verschidden Deeler vum Projet de loi, notament beim Patrimoine archéologique, wou e fënnt, dass d'Zones d'observation archéologique kéinten zu engem hemmende Facteur

am Bau ginn. E wënscht sech dofir eng méi pragmatesch Approche ronderëm d'Archéologie préventive.

Dann ënnersträicht de Syvicol och, dass falls eppes vun nationalem Interêt fonnt gëtt, d'Fraisen och komplett vum Staat sollen iwwerholl ginn. Am Beräich vum Patrimoine architectural fënnt de Syvicol, dass d'Kreatioun vun de Secteurs protégés d'interêt national vum Staat kéint genotzt ginn, fir de Gemengen eng Mesure de protection opzeleeën. De Syvicol ënnersträicht dofir, dass e bei der Kreatioun vun dëse Secteuren misst consultéiert ginn. E begréisst awer och no den éischten Amendementen vun der Kommission, dass d'Gemengen elo och an der Lëscht vun deene sinn, déi de Klassement beziéungsweis den Deklassement vu Kulturgidder kënnen ufroen.

De Syvicol wënscht sech dann och, dass d'Interëten an d'Obligatiounen vun de Gemengen bei der Ëmsetzung vun dësem Gesetz net vergiess ginn a fuerdert e Gemengevertrieder vun der zukünftiger Kommission fir den Denkmalschutz. Zu gudder Lescht hätt de Syvicol och gär déi nei Reglementer mam Projet de loi gesinn.

Da kommen ech bei d'Avisen vun den Experten am Beräich vum Patrimoine. Den Ordre vun den Architekten an den Ingenieuren begréisst dësen ambitiësen Text, notament wéinst der Previsibilitéit vun de Prozeduren. E weist awer drop hin, dass de Service de l'inventaire déi néideg Moyene brauch, fir seng Aarbecht gutt kënnen ze maachen a plädéiert dofir, dass de Secteur Guiden an Informatiounen zur Verfügung gestallt kritt, fir déi nei Prozedure richteg ausféieren ze kënnen.

D'Denkmalschutzkommission COSIMO begréisst de Paradigmewissel vun dësem Gesetz an ass iwwerzeugt, dass d'Archéologie préventive d'Prozedure beim Baue ka beschleunegen. Si leet e grouse Wäert op eng staark Sensibiliséierungskampagne ronderëm déi nei Prozeduren a fënnt, dass den Denkmalschutz an der Verfassung misst verankert ginn.

De Mouvement patrimonial lueft d'Simplifikatioun vun de Prozeduren sou wéi d'Kohärenz an d'Previsibilitéit, déi dëst Gesetz mat sech bréngt, wënscht sech awer nach méi e staarken Iwwergangsregimm.

D'ICOM, d'Vereenegung vun de Muséeen, begréisst dëst Gesetz, wënscht sech e Fonds pour le patrimoine culturel mobilier et immatériel a suggeréiert méi Personal a budgetär Mëttelen, fir d'Missionen vun de Mesurë ronderëm de Patrimoine mobilier besser begleeden an assuréieren ze kënnen.

D'Associatioun vun de Muséeen an dem Tourisme ferroviaire begréisst d'Gesetz, mee fënnt, dass dat mobilitt Kulturierwen am Beräich vun der Eisebahn an dem industrielle Patrimoine méi explizitt hätt kënnen ernimmt ginn.

Ech wëll op dëser Plaz deene villen Organisatiounen, Interessevertriedungen a Kummere Merci soe fir hir Avisen an hir Remarken zu dësem Text an ech verweisen, wéi gesot, fir de weideren Detail op mäi schrëftleche Rapport.

Ier ech zum Schluss kommen, wëll ech Iech d'Aarbechten an der Kulturkommission net virenthalen. Den 30. August 2019 huet d'Kulturministesch Sam Tanson de Projet de loi deposéiert. Den 3. Oktober 2019 krut d'Kulturkommission den Text presentéiert an huet mech als Rapportrice designéiert.

Nom éischten Avis vum Staatsrot vum 9. Juni 2020 hu mir am Hierscht an e sëllege Sätzungen innerhalb vun der Kommission geschafft an dunn am Dezember 2020 eng Serie Amendementen ugehall. Den Avis complémentaire vum Staatsrot koum am Mee 2021, an am Juli huet d'Kommission eng weider Serie vun Amendements parlementaires ugehall.

Den 13. Januar vun dësem Joer hu mer den zweeten Avis complémentaire vum Staatsrot sowéi d'Reglementer analyséiert. De 27. Januar vun dësem Joer huet d'Kommission dunn de Rapport vun dësem Gesetz ugehall.

Erlaabt mer op dëser Plaz, de Membere vun der Kommission e grouse Merci ze soe fir hir konstruktiv an engagéiert Mataarbecht, besonnesch d'historesch Erfahrung mam Theema an déi dozougehöreg Sensibilitéit vu verschiddene Memberen hu maassgeblech derzou bäigedroen, dass dëst Gesetz haut ënnert dëser Form ka gestëmmt ginn.

Erlaabt mer awer och, der Kulturministesch Sam Tanson an hire verschiddene Beamten am Kulturministère e grouse Merci ze soe fir hir Fachkenntnisser an hir pedagogesch Approche, fir mat eis déi ganz komplex Prozeduren ze diskutéieren, awer virun allem fir hiren dagdeeglechen Asaz fir dës wichteg Cause.

Dem Carole Closener e ganz grouse Merci fir de Support an d'Aarbecht, grad du wéi mer e relativ sportlechen Tempo virgeluecht hunn, an och mengem engagéierte Mataarbechter an Historikerkolleg Ben Zenner fir seng tatkräfteg Ënnerstëtzung an dësem Rapport.

Här President, Madamm Ministesch, léif alleguer, ech hoffen, ech konnt Iech mat dësem Rapport en nützlechen Iwwerbléck ginn iwwert dat neit Gesetz zum Schutz vun eisem nationale Kulturierwen, en Ierwen, wat d'Identitéit vun eisem Land ausmécht a wat déi verschidde Kulturen a Communautéite reflektéiert, déi eisen Territoire an de leschte Joerhonnerte bewunnt a gestalt hunn. Dës Spure vun eiser Geschicht gëllt et och weider, wëssenschaftlech opzeschaffen, touristesch ze erschleissen, kulturell wäertzeschätzen a politesch ze schützen.

Merci fir d'Nolauschteren a fir Ären Engagement an dëser Debat.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools der Madamm Rapportrice Djuna Bernard.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Octavie Modert agedroen. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**Mme Octavie Modert (CSV) |** Merci, Här President. Mir wëlle wëssen, wie mir sinn. Mir sollte wëssen, wie mir waren. Eis gebaute Vergaangenheet weist eis dat esou einfach an esou gräifbar an hëlleft eis, eis selwer ze verstoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis architektonesch Baukultur mat hirem Interieur, eis archeologesch Schätz, eis immateriell Traditionen an eist Wëssen hëllefen eis, eis Vergaangenheet ze kennen an domadder eise Wee an d'Zukunft a seng Gestaltung ze erkennen. Et ass sécher eng Bréck zwëschen Vergaangenheet an Zukunft an och e gemeinsaamt Band vu Mateneen, vun enger inklusiver Identitéit, déi net ausschléisst, mee verbënnt.

Historesch Bausubstanz huet Séil. Et si keng séilelos Këschten, déi all d'selwecht sinn. Si fërdert d'Zesummeliewen an de sozialen Zesummenhalt. Dat ass besonnesch nom Covidbroch ganz wichteg an der Gesellschaft.

Nohaltegkeet: Et ass bal e Schlagwuert ginn a gëtt scho bal iwwerstrapazéiert gebraucht, mee beim Kulturierwen, dem Denkmalschutz, der Denkmalfleeg, der historescher Bausubstanz, do ass de Begrëff ubruecht.



Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV ass fir den Denkmalschutz an d'Denkmalfeeg. Si ass derfir, datt d'Gesetz vun 1983 novelléiert gëtt a sprécht sech duerfir fir dëst Gesetz iwwert de kulturelle Patrimoine, iwwert d'Kulturierwen aus, och wann et net iwwerall perfekt ass. Mee et bréngt awer néideg Neierungen an nei Uluechten am Denkmalschutz a fir all Kulturierwen, déi hautdesdaags si mussen.

Ech hat 2015 hei op der Chambertribün bei der Interpellatioun vum André Bauler, deem d'Rapporteurin och schonn ernimmt huet, eng Rei Leitinnen an Neiorientierungen opgezielt fir en neit Gesetz iwwer e kulturelle Patrimoine: sou zum Beispill verschidden Eebene bei de Schutzmoossnamen, niewent deem nationalen, wéi bis elo och, e kommunale Schutz oder e lokalen; d'Previsibilitéit duerch en Ex-ante-Schutz an duerch preventiv Archeologie; Objektivitéit mat Krittären - et si se gi virun, et gi se och elo, mee se waren net am Gesetz festgeschriwwen; Inventariséierung; an individuelle Schutz an e Secteurschutz; e Gesetz iwwer en archeologesche Patrimoine a fir den CNRA, deem 2011 gegrënnt ginn ass; e Label als Auszeichnung fir klasséierte Patrimoine, well et ass eng Auszeichnung, an och nach aner Saachen.

Déi Linne sinn am neie Gesetz ermëtzefannen, och dat ass e Grond fir d'CSV, fir hir Zoustëmmung dozou ze ginn. Jo, fir dat neit Gesetz ass vill Aarbecht geleescht ginn, elo an och während Jore virun, ugefaangen - et ass zum Deel opgezielt ginn - virun 20 Joer, wéi punktuell Ännerungen an der Chamber deposéiert gi sinn. Mee ech war duerno der Meenung, et sollt ee méi wäitgoend Ännerunge maachen a mir hunn an der Chamberskommissioun amendéiert, zesummen analyséiert an diskutéiert. Mee mat villen Upassungen an engem besteeënden Text gëtt deem och net méi lieserlech an dunn hunn ech fonnt, e ganz neien Text wär besser. Ausserdeem bräichte mir eng ganz nei Uluecht an nei Konzepter. An esou ass dann och ënner anerem d'Étude de droit comparé vum François Deseilles, deem d'Djuna Bernard ernimmt huet, beoptraagt ginn an 2013 erauskomm.

Haut hu mir en neie Projet de loi, deem d'Kulturministerin Sam Tanson 2019 deposéiert huet. An all deenen, déi gehollef hunn, datt dat neit Gesetz zustane komm ass, wëll ech e Kompliment an e grouse Merci ausdrécken. Et si vill Hänn iwwer vill Joren, an d'Konzeptioun an d'Redaktioun, déi ware glat net evident. Duerfir, Madamm Minister, huet Äre Mataarbechter/innen an deene vu viregte Ministeren e grouse Luef mat. Ech weess, datt esou e laangt an och groust Gesetz keng einfach Saach ass an net am Handëmdréie geschriwwen an ausgeduecht ass. Merci all deene Bedeelegten, ob Mataarbechter oder Ministesch an hir Virgänger, Deputéiert an all de ville consultativen Organer, déi sech grad hei bei dësem Gesetz eng onheemlech Méi gemaach hunn, mat detailléierten a konstruktive Virschléi. Merci Iech!

Et sinn och vun 2007 un en ettlech Viraussetzunge geschaaft ginn, ouni déi dëst neit Gesetz net fonctionéiere kéint. Nodeem ech Uerdnung an de Fonds pour les monuments historiques bruecht hat, si vun 2008 un déi sougenannte Begeueung vu Sites et monuments zesumme mat de Gemengenautoritéite gemaach ginn, well mat där Bewäertung konnt dunn zu engem Ex-ante-Schutz iwwergaange ginn an zu méi Previsibilitéit.

Mam deemoolegen Inneminister, dem Jean-Marie Haldorf, hat ech ausgemaach, beim Opstelle vun den neie PAGen an de Gemengen den Denkmalschutz mat anzebeizen. Dat ass geschitt an et ass an d'Gemengen-Amenagementsgesetz ageschriwwen ginn, wat 2015 ënner sengem Nofollger gestëmmt ginn ass, deem och hei sëtzt.

Och d'Inventoriséieren ass et am Ufanksstadium ginn - Ufankstadium wuel, mee ginn -, esou wéi vereenzelt preventiv Ausgruewungen. Dat sinn nei Premissen, déi elo natierlech an dësem neie Gesetz e legale Kader kritt hunn, well deem hate se virun net.

Jo, et war schonn e wäite Wee an et hunn e puer Generatiounen Ministere mat dru geschafft. Dir, Madamm Tanson, hutt dunn de Gesetzesprojet virun zwee an engem-hallewe Joer kënnen deposéieren an hei an d'Chamber bréngen. A mir hunn an ettleche Kommissiounssitzungen, wéi d'Djuna Bernard scho gesot huet, vill Diskussiounen geféiert, Erklärungen kritt an Ännerunge gemaach. An elo kënnst de Gesetzesprojet haut zu sengem Ofschloss.

Ech wëll Iech, Djuna Bernard, als Presidentin vun der Kulturkommissioun an als Rapporteurin vum Gesetz, och e grouse Merci ausdrécke fir d'Féierung vun de Kommissiounssitzungen, mee och fir Äre Rapport vum haut. Dir hutt d'Dispositione vum Gesetz an Ärem mëndleche Rapport gutt an detailléiert haut duergestallt. An dat ass net einfach an där kuerzer Zäit, well et ass, wéi mer scho gesot hunn, e laangt Gesetz mat villen Neierungen, déi een net allegueren am Detail hei kann opzielen. Si wäeren et derwäert, mee et kann een et net maachen. Si sti schrëfflech do. Dat ass sécher eng Aarbecht, déi eng Kéier muss gemaach ginn.

Mee Dir hutt eis natierlech och bei eppes anerem elo gehollef. Dir hutt eis dervun dispenséiert, datt mir et nach eng Kéier hei sollen opzielen. Och duerfir villmools merci, mir brauchen net méi dorobber anzegoen.

Och, Dir Dammen an Dir Hären, ginn ech net weider méi op déi grouse Virdeeler fir Liewensqualitéit, Kulturtourismus, handwierklech Aktivitéiten, wirtschaftlechen Impakt an esou weider an, déi natierlech e Patrimoinengesetz, mee virun allem och de Schutz vum Patrimoine mat sech bréngt an de Patrimoine, dee mer domadder weise kënnen.

Mee ech wëll awer soen, datt de Patrimoine liewe muss, och fir virun ze liewen. A fir dra ka gelieft ginn, muss e sech och weiderentwéckele kënnen oder reafektéiert ginn. Och dat war virdu schonn ëmmer de Fall. Valoriséieren ass also awer net nei. Do muss ech der Rapportrice e bësse widderstrieden. Ech konnt dat och an der Kommissioun scho soen. Natierlech steet et elo expressis verbis am Gesetz, mee d'1983er-Gesetz huet et net verbueden. Elo steet et ausdrécklech dran, an dat ass natierlech ganz gutt esou. Well et muss ee jo och bedenken, datt de gebaute Patrimoine net nowisst. Fort ass fort a fir ëmmer verluer. E regeneréiert sech net an e wiisst net no, esou wéi dat an der Natur de Fall ass. An duerfir ass et wichteg, datt mer him Schutz ginn, datt mer eis ëm e këmmen an datt mer e mat deene richtegen Ae kucken, wéi en et verdéngt huet.

Dëst Gesetz ass doranner eng Neierung, et ass och e groust Fortkommen, e Weiderkommen, an ech mengen, et hëlt vill Komponenten op, déi och am Ausland de Fall sinn. Et geet op Konventiounen an, déi heimadder, wa se et net virdu scho waren, elo nach eng Kéier zousätzlech ratifizéiert ginn. An dat sinn e puer vu senge grouse Virdeeler, déi dëst Gesetz huet.

Et huet awer och e puer Schwierigkeeten, an ech erlabe mer, op déi anzegoen, well d'Virdeeler och op der Hand leien an och schonn ernimmt gi sinn. E puer Schwierigkeeten, déi och an den Avisen erausgestrach gi waren, well mir hunn dës Kéier vill Avisé kritt; Avisé, wou sech déi Organer an déi Mënschen extreem vill Aarbecht gemaach hunn. Dat muss ee wierklech soen. Och nach aner Avisé wéi déi, déi üblecherweis am gesetzgeebereche Prozess erauskomm, esou zum Beispill hei d'Autorités judiciaires, d'Chambre des

Notaires, d'Experten am Patrimoine, wéi d'Djuna Bernard se genannt huet, och de Syvicol. Ech mengen, et ass och net vu Muttwëll, datt och grad aus de juristeschen a judiciairen Ecker Saache geschriwwen gi sinn, well hei heescht et sécherlech op juristeschen Ecueils opzepassen, dat ass net onweesentlech.

Och de Syvicol huet mat zwee extreem foulléierte Gutachte vill Virschléi gemaach an Alternative ginn. An hei muss ech eng Kritik ubréngen, well deenen Avisen hätt kënnen oder misse méi Rechnung gedroe ginn. Och de Syvicol steet zum kulturelle Patrimoine a sengem Schutz an hien huet Virschléi gemaach, déi dëse Schutz um prozedurale Plang an der Dauer, an den Delaien méi praktikabel gemaach hätten.

Mir si wuel an der Kommissioun duerch d'Avisé gaangen, awer ech bedauern, datt d'Madamm Minister deklaréiert huet, näischt méi kënnen ze änneren. Et wär ze hoffen, datt dat herno net dem Denkmalschutz op de Kapp fält, well de prozeduralen Opwand an d'Delaien, dat gëtt schonn eng grouss Erausforderung fir dat neit Gesetz.

D'Gemegevertrieder hunn zum Beispill bei der preventiver Archeologie méi eng pragmatesch Approche virgeschloen mat enger Redefinition vun den Niveaux de potentialité archéologique an enger Vereinfachung vun der Evoluéierungsprozedur an der ministerieller Geneemegung.

Ech sinn der Meenung, dat wär eng grouss Vereinfachung gewiescht, och fir Är Zerwisser, an hätt awer dem Zweck vum Schutz näischt ewechgeholl. Och missten d'Gemengen nach méi an d'Prozeduren agebonne respektiv hiren Avis ageholl ginn a si an de berodenden Organer e Member kréien, well schliisslech ginn déi lokal Acteure fir en effiziente Patrimoineschutz gebraucht. Leider sinn d'Alternativen net iwwerall an op ville Plazen net berücksichtig ginn, obschonn et mer nach am Ouer klénge, wéi virun ongeféier dräi Méint op der Gebuertsdaysfeier vun alle Parteien insistéiert ginn ass, datt d'Gutachte vun de Gemegevertrieder misste berücksichtig ginn an d'Gutachte selwer wollt d'Madamm Polfer souguer an d'Verfassung aschreiwelen.

Ech mengen, et sinn och nach e puer Froen, déi ee muss opwerfen: Wéi geet et mat de Geneemegungen, wann d'Sondéierungsfläche vun den Ausgruewungen an der Gréngzon leien? Muss een dann déi zwou Zorte Geneemegungen, déi archeologesch an déi vun der Gréngzon kréien? Dat mécht déi preventiv Archeologie net méi séier. Et sinn och, dat muss een allerdéngs soen, manner déi preventiv Gruewunge selwer, déi ophalen. Déi ginn am Normalfall relativ zügig iwwert d'Bün. Mee d'Zäit, ier mat Gruewen ugefaange gëtt, no der Demande fir d'Evaluéierung, ass éischter eng Zäit, déi riskéiert, sech laang hinzéien ze kënnen. Et kënn och do derbäi, datt et net vill agreéiert archeologesch Operateure gëtt, eng knapp hallef Dosen, jiddefalls bis elo, an dat obschonn d'ZOA (ndlr: Zone d'observation archéologique) sech iwwer quasi dat ganz Land zitt. Am Endeffekt si jo da grosso modo 2 % vun der Fläche definitiv betraff.

Et muss een also bei der Ëmsetzung vum neie Gesetz oppassen, datt ee keen administratiivt Monster schafft. Well dee grouse Match, fir d'Ofrappen ze stoppen, dee soll net verluer ginn, andeems sech an den Detailer an an de Prozedur verfaange gëtt.

Ech froe mech och - dat sinn e puer Saachen, déi ech nach wëll eraushiewen an uschwätzen -, ob beim gebaute Patrimoine d'Klasséierungsprozedur net manner Garantie wéi bis elo gëtt, well d'Verfaarsaart a -weis eng aner ass. Dat kann ee gesinn am Laf vun der Zäit. Ech wëll awer eng Kéier drop opmierksam maachen.



D'Subside missten och fir d'Mise en valeur an d'Renovéierung vun alen Haiser gefrot kënne ginn. Ech mengen, hei muss ee wierklech oppassen, datt et net zu engem Réckschritt géintwärt der aktueller Situatioun, well et hëlleft jo net, wann dann d'Haiser verfare gelooss ginn, well ee sech d'Renovéierung net leeschte kann.

Wie këmmert sech iwwerhaupt ëm verloossen Haiser? Dir kënnt Iech erënneren, Dir Dammen an Dir Hären, un d'Unhéierung vun de Petitionären, d'Rapporterin huet och dorobber schon opmierksam gemaach. An déi hate sech vill Méi gemaach. An Dir kënnt Iech un hire Virschlag erënneren, fir e Fong do derfir ze schafen. Dat ass eng Iddi, déi awer verworf gi war vun der Madamm Minister.

Mir hu mat dësem Gesetz oder no dësem Gesetz sécherlech nach aner Elementer, déi mussen ugaange ginn. Et ass gutt, datt en neit Gesetz iwwert dat kulturellt Ierwe kënnt, mee et sinn nach vill Schantercher do an et gëtt Froen, Erausforderungen a Spannungsfelder, déi mam neie Gesetz net geléist ginn, well se net an dat neit Gesetz erageschriwwen sinn, vläicht och zum Deel net doranner passe géifen, mee trotzdem muss duerno gekuckt ginn.

Virop déi vun der Energieeffizienz: Dat ass haut d'Virgab, woubäi d'Isoléierfassaden net nëmmen net schéi sinn, mee dat historescht Gebai dacks komplett banaliséieren. Vill ze dacks seet och d'Energieberodung: „Mee Dir kritt aus engem alen Haus kee Passivhaus, besser Dir rappt et of.“ Dobäi isoléiert déi al Bausubstanz aneschtens wéi déi nei Materialien. Et gëtt ausserdeem besser Fassonge fir ze isoléieren, wéi e puer Zentimeter Kunststoff op d'Fassad ze knuppen an ze pechen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Octavie Modert (CSV)** | Mee d'Klimazil vun der Regierung bei de Wunn- a Bürosgebaier ass minus 64 % bis 2030. Äre Kollege, Madamm Minister, den Energieminister Turmes, beegeschert sech bei senger grousser Campagne fir energeetesche Renovéierungen, fir Neibauten. Madamm Minister, do musst Der aktiv ginn a Virgabe maachen, wéi d'Isoléieren an engem alen Haus, also net nëmmen e klasséiert oder geschützt Gebai, mee al Haiser insgesamt, kann, nee souguer soll gemaach ginn, well et gëtt jo Techniken an déi mussen d'Energieberoder mat an hir Berodung ophuelen. Do muss ee vläicht net just e Leitfuedem, mee vläicht Virschreife maachen.

Dir musst verhënneren, datt historesch a wäertvoll Bausubstanz der Klimakampagne zum Affer fält, well soss ass dëst neit Gesetz ëmsoss. Déi al Haiser isoléiere souwiso vum selwen aneschtens. Dës „gro Energie“ dréit vum selwen zu manner CO<sub>2</sub>-Ausstouss bäi, well en Hausneibau brauch vill méi CO<sub>2</sub> schon duerch d'Materialhierstellung an den Transport.

Besteeënd Bausubstanz net ewechrappen, ass Deel vun der Kreeslafwirtschaft a verhënnert Bauschutt. Är Kollege vun der neier däitscher Regierung wëllen duerfir e Materialpass oder e Ressourcépass aféieren. An ech géif et interessant fannen, wann d'Regierung e Verglach, eng Moossung, géif opstellen zwëschen der Energieeffizienz vun alen Haiser géintwärt Passivhaiser. Ech mengen, dat géif vill weiderhëllefen, well den Drock jo och wéinst dem Wunnengsmangel grouss ass. An do riskéieren ëmmer méi al Haiser, och wa se nach ganz gutt an der Rei sinn, ënner e Bagger ze geroden, och well d'Densifizéierung besonnesch am Duerfkär méiglech ass.

Wéi sot den Yves Cruchten heibannen: „Och de Kulturminister ass Logementsminister.“ Den Zentrum vun der Stad, vun der Uertschaft, de Kär soll awer keng Schlofstad sinn, mee eng Plaz vu liewegem Austausch,

vun Zesummesinn an Zesummeliewen an esou vu sozialer Kohäsion a vu Mixitéit.

Den haitegen Individualismus opposéiert sech deem nawell ganz gär. A wéi ech scho gesot hunn: De Broch, deen de Covid an d'Gesellschaft bruecht huet, däréf awer domadder net nach verstärkt ginn.

Dem Drock vum Wunnengsmaat muss aneschtens begéint ginn. De Bedarf u méi Wunnengen ass jo do. An ech erënneren hei un de Virschlag vun der CSV, fir vereenzelt a ganz virsiichteg de Bauperimeter ze erweideren. Dat géif den Drock vun der historescher Bausubstanz ewechhuelen!

E grouse Problem stellt sech och beim Hëtzen: 54.000 Stéit hëtzen hei am Land mat Mazoutsheizung. Mee wéi soll déi an engem ale Gebai dann ëmgerüst ginn - ausser wann d'Gebai komplett ëmgebaut oder entkäréiert gëtt? An och dat kann et jo net sinn.

Madamm Minister, Dir musst Ärer Kollegin, der Umweltministerin Carole Dieschbourg soen, datt et net ze maachen ass, fir an alen Haiser Mazoutsheizungen einfach ze ersetzen! Och déi Virgab féiert derzou, datt en Haus vill méi séier ofgerappt gëtt an dat soll, wéi gesot, d'Zil jo net sinn! Et geet hei och ëm d'Kohärenz vun der Regierungspolitik. D'Regierung muss hir CO<sub>2</sub>-Politik, hir Klimapolitik mat dem Denkmalschutz, der Denkmalfleeg, mat dem Kulturierwen vereinbar maachen, well et soss eng reell Bedroung fir eis historesch Bausubstanz ass an d'Gefor, datt där nach vill méi verschwénnt.

Do kommen och der Innenministesch, der Madamm Bofferding hir Pläng fir eng progressiv an dissuasiv Grundsteuer net zupaass. Déi riskéieren, den alen Haiser un de Pelz ze goen. Hire Mataarbechter huet erklärt, do wou en Haus stéing, awer Plaz fir Residenzen wär, misst d'Grundsteuer wéi eng Residence an net wéi en Haus gerechent ginn. Hie sot: „Dann huet den Terrain net de Wäert vum Eefamilljenhaus, mee éischer de Wäert vun deem, wat ka mam Terrain gemaach ginn.“ Mee dat gesäit dann awer net gutt aus fir déi al Haiser a Gebaier. Och hei geet et ëm d'Kohärenz, Madamm Minister. Suergt derfir, datt déi historesch Gemaier an hir Besëtzer net bestrooft ginn, well se en aalt Haus an der Rei halen!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Octavie Modert (CSV)** | Bedenke mir dobäi, datt hautdesdaags souwiso, a ganz besonnesch bei deene Jonken, „al“ guer net méi „in“ ass an héichmodernen Gebaier d'Nues vir hunn, egal ob bei Wunnhaiser oder méi repräsentativer a souguer monumentaler Architektur. Déi Technikhaiser, Passivhaiser an esou weider hu sech och dozou bäigedroen: Sou muss opgepasst ginn, datt Ëmweltschutz net herno zum Nodeel vum Denkmalschutz an der Denkmalfleeg geet.

An duerfir kënnt der Sensibiliséierung eng eminent wichteg Roll zou. D'Selbstverständnis vun der Gesellschaft ännert sech jo ëmmer nees. Ech hätt mir och kënnen esou e Conseil supérieur virstellen, fir grouss, och kontradiktoresch Debatten ze féieren iwwer eis Kulturierwe mat der Associatioun vun Zivilgesellschaft, Befürworter an Opponenten, Métiers de l'art, de Besëtzer, an domadder och zur Opklärung bäizedroen. Et wär eise Kulturierwen an dem Versteedsdemech sécher nëmmen zeguttkomm.

D'Gesellschaft muss de Stellerwäert, d'Schéinheet an d'Virdeeler vun aler Bausubstanz nees entdecken. Dat neit Gesetz bitt de Kader, och fir esou Campagnen ze starten, datt een dorobber nees opmierksam gëtt. Ech hat dat och schon an der Kommissioun ugereegt. Dir hutt eis deslescht gesot, Madamm Minister, datt Dir véier grouss regional Versammlunge maacht, wann d'Gesetz a Kraaft getrueden ass.

Dat ass gutt an et soll duerno net opgehele gi mat Informéieren a Sensibiliséieren, och net just nëmmen iwwer gutt Broschüren. Et muss multidimensional informéiert a sensibiliséiert ginn, sech un d'Promoteuren, un d'Bauhären, un d'Handwierk, d'Architekten an d'Ingenieuren, un d'Besëtzer, un d'Gemengen an esou weider gewant ginn. Maacht dat och op méi Sprooche wéi zwou oder dräi!

Well denkt drun - ech hat deemools an der Kommissiounsaarbecht intervenéiert, fir d'Kultur mat hire Facetten dran opzehuelen -, datt an der zukünfteger Verfassung de Schutz vum kulturellen Ierwen als Staatszill agesat gëtt. « L'État promeut la protection du patrimoine culturel. »

**Une voix** | Très bien!

**Mme Octavie Modert (CSV)** | An dat muss also zu enger neier Selbstverständlechkeet ginn: Vlächcht sollt e Modell vun enger typescher, awer moderner Architektur fir en Haus an Opdrag oder an e Concours gi ginn; eng „Maison type“ fir méi Afallsräichtum wéi iwwerall wäiss Këschten, déi duerno souwiso bausse gréng ginn, oder aner méi gräisslech Bautypen. Well mir brauchen och bei där neier Bausubstanz eng gutt architektonesche Qualitéit. Do gëllt et och, Architekten souwéi Promoteuren an anerer mat an d'Boot ze kréien.

Dat sinn e puer vun den exogeene Spannungsfelder. D'Gesetz selwer bitt awer och net iwwerall Léisungen un oder huet net all d'Froe mat behandelt. Sou kënnt niewent der Sensibiliséierung och der Transmissioun vu Wëssen a Kënnen eng grouss Bedeutung zou. Vill vun deem Wësse läit an den Hänn a Käpp vu Mënschen, déi a Veräiner a Vereenegungen op fräiwëlleger Basis schaffen. Dëst ass besonnesch am mobille Patrimoine, deem dee rullt, an och am Industriepatrimoine de Fall.

Wéi geet et weider mat den Associatiounen, déi sech ëm des kulturellt Ierwe gekëmmert hunn, zum Beispill de Patrimoine ferroviaire? Si hu vill Stonnen Aarbecht an technesch Wëssen ugesammelt. An deen Asaz an deen Knowhow, dat heescht déi materiell Aarbecht an dat immateriell Wëssen, gi mat der Zäit verluer. A wat maache mer da mat de Maschinnen, wann d'Mënsche vum industriellen Handwierk net méi duerno kucken: d'Aarbecht bei den Héichwien, d'Aarbecht an de Minnen, dat wat de Süde vun eise Land gepräagt huet an eist Land räich gemaach huet, d'Maschinnen, déi do an den Asaz komm sinn, al Lokomotiven, déi haut rullen? Well dat sinn net just statesch Ausstellungsstécker, dat si Saachen, déi och nach liewen, an ausserdeem huet de Staat och vill Suen dragestach.

D'Gesetz seet awer näischt iwwert d'Ennerstëtzung vum Benevolat, ob dat beim immaterielle Kulturierwen oder dem Patrimoine mobilier oder an enger allgemenger Sektioon ageschriwwen gi wär. Et muss ee sech awer ëm d'Transmissioun vun dësem Wësse këmmern.

Kruzial wäert och sinn, wéi vill nationale Schutz mat dësem Gesetz realiséiert gëtt, well soss ass awer viles ëmsoss. Do kann een d'Gesetz och ënnerschiddlech liesen, oder fir e Beispill ze ginn, och wann et eent ass vum aktuelle Gesetz: Den emblemateschen Tuerm vun der Dikrecher Brauerei gëtt, obwuel en ënner nationalem Schutz steet, ewechgerappt, well déi opwennege Sanéierung vum Tuerm a vum Buedem en Erhalt vun de Gebaier praktesch onméiglech maache géifen. Mee zielt dat dann herno fir jiddwereen? A wéi ass dat vereinbar mam Objektiv vun dësem Gesetz, dat mer haut stëmmen?

Ech mengen, déi national Schutzsecteuren an déijéineg op kommunalem Plang mussen och aneneeggräifen an



net laanschteneegoen. Do muss een och gutt Synergie kënne maache mat deenen ënnerschiddleche Reegelen, déi fir deen een a fir deen aneren zielen: Se däerfe sech net widderstrieden an och net ze vill Lücke looszen.

Och däerfen d'Gemengen net eleng gelooss gi mam kommunalen Denkmalschutz an all Verantwortung op si ofgewälzt ginn, well d'Gemengen hu schliesslech net all déi selwecht Moyenen. Et heescht jo och ëmmer, et soll een déi lokal Acteure mat an d'Boot huelen. Also däerf ee se och hei net eleng looszen.

Weesentlech ass och, wat mat der Substanz geschitt, déi wichteg Ausgruewungen un den Dag bruecht hunn: Valoriséierung, och hei Mise en valeur, ob dat zu Schieren ass, wou d'Aarbechten nach amgaange sinn an de Moien eng Visitt war, oder zu Duelem, wou et wichteg wär, fir nächst Etappen unzegoe fir en Archeopark - an ech betounen: an Etappe viruogoen, dat war ëmmer esou geduecht an net, dass alles matenee misst gemaach misst ginn; et wär elo wichteg emol d'Etapp unzegoen, fir en Empfangs- a Besucherzentrum anzerichten, d'Lokalitéit si jo do - oder d'Ausgruewungen hannert der Marquise zu Iechternach.

De Staat kann déi Gemengen net einfach eleng do stoeloesen. Si hu keen histoireschen Knowhow. Dat gehéiert jo och net zu hiren éischte Missiounen. An et sinn dacks struktur- a finanzschwaach Gemengen. Esou engem Patrimoine kënn souwiesou eng national Aufgab zou, en nationale Statut - ob dat an Eegeregierung oder zesumme mat de Gemengen herno behandelt gëtt an duerno gekuckt gëtt, dass egal. Mee et kann een d'Gemengen net einfach eleng looszen.

Mam neie Gesetz wäerten och méi Objete geschützt ginn an och eng Erwaardungshaltung do sinn, soudatt och genuch Sue fir Subside mussen do sinn. Et kéint een awer och iwwer eng zousätzlech steierlech Begënschtigung vun engem Deel vun den Eegekäschte nodenke während e puer Joer.

Ech erënneren och un déi ehemoleg Iddi vun der LSAP iwwer eng Loyersbäihëllef no der Restauratioun.

Wéi vill, wéi héich an effektiv subventionéiert gëtt an Zukunft, bleift ze gesinn. Mee dat wäert e wichtige Punkt gi fir d'Akzeptanz vun de Schutzmoossnamen. Mir mussen awer an der Denkmalfleeg an dem Erhale weiderkommen. Dozou braucht et och Incentiven a Mëttele. An d'Linn vun kultureller Patrimoine däerf net dem Aarm-a-Räich-Gruef an der Gesellschaft nolafen.

Schliesslech an endlech kënn, Madamm Minister, op Är Mataarbechter ganz vill Aarbecht zou. Et braucht genuch Manpower souwéi Kraaft vu Fra a Mann. Et sinn iwwert déi lescht Jore bei Iech a bei Äre Virgänger méi Leit agestallt gi fir Är Services an ech mengen, dass wichteg. Dass wäert och an Zukunft nach gebraucht ginn, besonnesch am Archeologieinstitut, am Inventaireservice oder am INPA, dem haitege Service des sites et monuments, fir d'Begleedung vun de Projeten. Besonnesch d'Opstellung vun den Inventaren ass ganz vill Aarbecht, wäert laang daueren, mee konditionéiert awer d'Ëmsetzung vun neie Gesetz.

Wann ech dann d'Äntwert vun CNRA zum leschte Mount op eng Fro vum André Bauler liesen - dee wollt schonn éischter d'Detailer vun de Schierener Ausgruewungen an hir eventuell Valoriséierung kennen -, do schreift Der him, et géif eng Iwwergangsphas um Niveau vun Personal am CNRA ginn, soudatt een déi Froen net am Delai beäntwäre kéint. Ech mengen, wann dat schonn net méiglech ass, wéi soll dann dëst Gesetz herno a Musek ëmgesat ginn? Geet dat duer mat méi Mataarbechter a méi Mëttele? Vlächtt hätte se d'Prozeduren awer

net esou schwéierfällig solle maachen a besser op dem Syvicol seng Virschléi agoen.

D'Verstoe vu sämtleche Prozeduren aus dem neie Gesetz ass a bleift dann och eng Erausforderung. Mir haten an der Kommissioun op meng Nofro hin e Scheema mat den diverse prozeduralen Niveauen an ënnerschiddleche Reegelen versprach kritt, hunn en awer ni kritt. Mee, Madamm Minister, dann hutt Dir vlächtt esou en Tableau, fir herno mat op déi ëffentlech Versammlungen ze huelen. Ech mengen, do wär e ganz wichteg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deene puer Saachen - et kéint ee sécherlech nach méi soen - wollt ech just drop opmierksam maachen, dass sech nach weiderhi Froe stelle wäerten, no deenen ee kucke muss, dass och vlächtt am Text vum Gesetz Saache sinn, bei deene sech herno erausstelle wäert, dass ee se vlächtt sollt aneschtens maachen. An och duerfir hat ech virgeschloen, fir eng Evaluéierung vun dësem Gesetz spéitstens an dräi Joer ze maachen.

D'Kolleege vun der Majoritéit respektiv mir alleguer heibannen hunn elo zesummen eng Motioun ënnerschriwwen, déi deem Rechnung dréit, wou ënner anere d'Evaluéierung gefrot a gemaach gëtt. An, Madamm Minister, ech weess, dass Dir och net do derzou opposéiert sidd, och bei anere Geleeënheeten net. A wann esou vill Neiegekeiten agefouert gi mat engem Gesetz, ass et ëmmer gutt, dass zur Zäit eng Kéier ze iwwerdenken, ze bedenken: Wat ass opgaangen, wat ass net opgaangen dovunner? Also d'CSV huet dës Motioun dann och kënne mat ënnerschreiwen. Si wäert se natierlech och matdroen.

Madamm Minister, iergendwou stoung eng Kéier: „Hauseigentümer haben oft Angst vor dem Denkmalschutz.“ Déi Angscht muss hinne geholl ginn, net nëmme mat engem Prozedurescheema, fir se ze verstoen, a mat méi Subsidien, déi genuch Ureiz bidden. Mee dat läit an der Berodung an an der Novollzéibarkeet. Et gëtt Vermittlung gebraucht, fir Akzeptanz ze kréien. Et gëtt Effentlechkeetsaarbecht a Bildungsaarbecht gebraucht an et gëtt ganz besonnesch Zesummenaarbecht gebraucht. Dass sinn déi final grouss Erausforderungen fir dat neit Gesetz iwwert de Kulturierwen, iwwert de kulturelle Patrimoine.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam neie Gesetz ass net alles geschitt. Et ass vill geschitt, mee et geet aleng net duer, fir de kulturelle Patrimoine ze retten. Et gëtt nach vill aner Erausforderungen a Spannungsfelder, fir den Denkmalschutz effektiv ze maachen an de Patrimoine ze pereniséieren!

Är Aarbecht, Madamm Minister, fänt elo eréischt un. Mir wënschen Iech eng gutt Hand do derbäi. Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Modert. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här André Bauler.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP) | Voilà, merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleege, Dikrech ass net nëmme eng Distriktsschoul a Gerichtsstad, et ass och eng Béierstad.

**Plusieurs voix** | O!

**M. André Bauler** (DP) | A wat wier Dikrech ouni dat molerescht Al Dikrech an dat alljärelecht Volleksfest ronderëm déi al Laurentiuskierch aus dem fënnefte Joerhonnert. Grad dëst Monument sollt awer, op

Decisioun vum Gemengerot, ofgerappt ginn. 1879 an 1897 gouf et zwee Versich, fir et dem Ärdbuedem gläichzemaachen. Dank dem Asaz vun deemolege Staatsarchitekt Charles Arendt an engagéierte Bierger konnt dëst Bauwierk, dass op d'Reimerzäit zrëckgeet, der Nowelt a fir Al Dikrech erhale bleiwen.

Dir gesitt, Denkmalschutz war also scho virun iwwer 100 Joer en Thema hei zu Lëtzebuerg an Ursaach fir Spannungen a Gestreits. De Victor Hugo huet et schonn 1832 a sengem memorablen Text „Guerre aux démolisseurs“ op de Punkt bruecht: « Il y a deux choses dans un édifice : son usage et sa beauté. Son usage appartient au propriétaire, sa beauté à tout le monde, à vous, à moi, à nous tous. Donc, le détruire c'est dépasser son droit. »

Fir dass mer op dësem Gebitt méi prezis an novollzéibar Reegelen hunn, stëmme mer haut en neit a modernt Denkmalschutzgesetz, e Gesetz, dass am Verglach zu sengem Virgänger däitlech méi Rechtssécherheet, Kohärenz an Transparenz soll hunn. Den Denkmalschutz ass keng Selbstverständlechkeet an en ass scho guer kee Luxus. En ass eng Noutwendegkeet, en ass eng Necessitéit, well sech eis Gesellschaft séier verännert. D'demografesch Entwécklung zitt en enorme Baudrock mat sech - meng Virriednerinnen hunn dat och gesot. Et kënn zu urbanistesche Verännerungen an eise Stied an eise Dierfer erliwen eng änlech Entwécklung. Vill eeler Baute falen dëser dynamescher Bauaktivitéit zum Affer. Eis Uertschafte verléieren deels hire gewinnnte Charme, hir Eegenaart dacks duerch eng Architektur, déi e Broch zu där traditioneller, organesch gewuessener Baukultur duerstellt.

Mat dësem neien Denkmalschutzgesetz geet et drëm ze erhalen, wat erhalenswäert ass, ze schützen, wat schützenswäert ass. Dass geet vum einfachen Aarbechterhaus am Minett iwwert d'Doléinerhaus am Éislek, wann et där iwwerhaupt nach do sollt ginn - et gëtt der nach e puer, mengen ech -, an d'Bauernhaus am Mierscher Kanton am Maria-Theresia-Stil während der éisträichescher Herrschaft iwwert d'Patrizierhaus um Lampertsberg bis hin zum houefrege Wénzerhaus op der Musel.

A propos Wénzerhaus: Et ass keen Önotourismus denkbar ouni de Charme vun eise Wénzerdierfer. Si gehéiere sou gutt zur Lëtzeburger Eegenaart wéi déi lescht Héichtier am Minett, déi al Festungswierker an der Stad oder den histoiresche Site vun der Përmesknupp bei Kauneref zum Naturpark Uewersauer.

Mir kënne sou vill vu Kulturtourismus schwätze wéi mer wëllen, ouni en wäertvoll Baukultur a geschützte Bauwierker ass dat e fromme Wunsch. Ouni déi Viraussetzung wier dass alles ondenkbar.

Léif alleguer, mir sinn alles, mee kee räicht Land, wann et ëm histoiresch Baukultur geet. Eise Patrimoine ass net mat deem vu Frankräich oder Italien ze vergläichen. Mee mir sinn awer duerfir ëmsou méi e Land mat enger grousser Diversitéit un Objeten, un Traditionen a souguer un archeologesche Schätz. Dës gëllt et ze schützen, fir dass mer kënne bleiwen, wat mer sinn, fir dass mer eise kulturelle Charakter esouwäit wéi méiglech behalen.

Ier ech gläich op e puer Kärpunkte vum Projet aginn, wollt ech awer fir d'éischt gären der Rapportrice, der Kolleegein Djuna Bernard, Merci soe fir hire gudden schrëfflechen a mëndlechen Rapport, den éischten, wéi si selwer sot, an hirer bluttjonker Karriär. An ech wollt mech och bedanke fir hir Ausdauer a Frëndlechkeet an deene sëllege Kommissiounssitzungen. Jo, ech sot elo just bluttjonk Karriär. Dass wëllt awer net heeschen, dass d'Madamm Bernard nach gréng hannert den Ouere wier.



*(Hilarité)*

Nee, si huet eis mat vill Rigueur a Gedold duerch déi komplizéiert Aarbechte gefouert, Aarbechten, déi d'Madamm Kulturminister Sam Tanson zesumme mat hire Beamte glécklech ofschléisse konnt. Hir géllt souwuel meng héich Unerkennung wéi och dem Kolleg Guy Arendt, deem am Ufank vun dësem Prozess all Acteuren zesummebruecht a schaffe gedoen huet, fir datt mer endlech e modernt Gesetz kréien. Merci hinnen alleguer.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler (DP)** | Jo, Lëtzebuerg verfüügt elo iwwer zwee wichteg Gesetzter: dat vum Archivar vum 2018, wou ech hunn dierfte Rapporteur sinn, an dat neit Denkmalschutzgesetz, zwee legislativ Meilesteng an der Lëtzeburger Kulturgeschichte. A mir kënnen soen, fir mam Johann Wolfgang von Goethe ze schwätzen, nodeems hie 1792 d'Kanonade vu Valmy erlieft hat: „und ihr könnt sagen, ihr seid dabei gewesen“. Duerno ass hien an d'Stad an op Gréiwemaacher gereest. Dat si genee 230 Joer hier.

Madamm Bernard, erlaabt mer nach eng Kéier, Iech nom Goethe ze zitieren: « la volonté », schreift d'Madamm Bernard, « de protection ne témoigne pas d'une nostalgie antiaulaire ou d'une volonté de rester figé dans un passé idéalisé. » Dat steet an Ärem Rapport an dat ass ganz treffend formuliert.

Jo, et geet drëm, fir dem Patrimoine eng Bréck an eis Zäit an an d'Zukunft ze bauen. En ass net als reng Antiquitéit ze betruechten oder et soll een en net als dat idylliséieren oder verkläre wéi an engem Billerbuch. Et geet drëm, en ze erhalen an e mat neiem Liewen ze erfüllen, net nëmme fir dat Kulturellt, mee och fir Wunnraum ze schafen. Pertinent Beispiller fënnt een zu Colmar-Bierg oder zu Elwen am Kader vum abordable Logement.

Léif alleguer, deem heite Gesetzestext ass e legale Kader fir den Ensembl, jo, ech géif gäre soen, d'Globalitéit vun de Froe ronderëm eise Patrimoine, fir si ze klären an ze reegelen. An engem eenzegem Text sinn all Dispositionen, déi eise kulturelle Patrimoine betreffen, gebündelt, och d'Dispositionen aus den internationalen Texter, déi mer virun e puer Joer ënnert dem Guy Arendt ratifizéiert hunn.

Ee Punkt, deem ech hei am Numm vun der Demokratescher Partei wëll uschwätzen, ass deem, datt den nationale Fuerschungszenter fir Archeologie méi Mëttel a méi Personal kritt. An e kritt och en neien Numm: Aus engem Centre national de recherche archéologique gëtt elo en Institut.

A propos archeologesch Fouillen: Zesumme mam treie Kolleg Max Hahn hat ech am September d'lescht Joer eng parlamentaresch Ufro gestallt zum Theema vun de Retarden, déi bei ettleche Logementsprojeten duerch déi archeologesch Aarbechte vum CNRA géifen entstoen. D'Ministesch hat eis am Oktober matgedeelt, datt zanter 2017 eng ronn 3.000 Demandé gestallt gi wieren, déi och all bis op e puer ganz rezenter evaküiert gi wieren.

Wann eng Demande erakënn, gëtt gekuckt, ob Sondagen oder Fouillë solle gemaach ginn oder op eng Levée de contrainte archéologique decidéiert gëtt. Dës Levée gëtt da geholl, wann d'Chance eppes Archeologesches ze fannen, ganz geréng ass.

Déi Decisioun vum CNRA dauert an der Reegel net méi wéi dräi Wochen. Wann déi Decisioun méi laang wéi 30 Deeg dauert, ass am Gesetz virgesinn, datt de Projet automatesch vun enger Levée de contrainte archéologique profitéiert. D'Dauer vum Sondage géif duerno - esou d'Kulturministesch - tëschent fënnef an zéng Deeg daueren. Den Datum vun de Sondagë leet

natierlech den Operateur no sengen Disponibilitéite fest. Méi laang dauere géif et also eréischt, wann och tatsächlech eppes Wäertvolles fonnt gëtt wéi zum Beispill zu Iechternach hannert der fréierer Marquise an engem Terrain vague, oder awer eeben, wann den Operateur ausgelascht ass an zäitno keng Disponibilitéiten huet.

Et ass esou, datt d'Archeologie eng Aarbecht ass, déi extreem grëndlech gemaach muss ginn - mir hunn dat de Moien zu Schieren gesinn, och merci do fir d'Invitation, et war äusserst interessant -, eng Aarbecht, déi dofir och ganz vill Zäit kascht.

Wann een op engem Chantier bei de Sondagen eppes fënnt, wat duerch archeologesch Ausgruewunge muss iwwerpréift ginn, da kann et heiansdo laang daueren, bis déi Ausgruewungen ofgeschloss sinn. En exceptionnelt Beispill liwwert wéi gesot d'Rémervilla vu Schieren, wou sech erausgestallt huet, datt si nach méi grouss ass wéi erwaart. Hei goufen äusserst rar Fresken entdeckt, déi zu Soissons analyséiert ginn. De Guy Arendt an ech waren zesumme mat Kolleginnen a Kollegen aus der Kulturkommissioun an och mam Grand-Duc 2017 op Soissons d'Aarbechte kucken. Well ee bei esou Chantieren op spezialiséiert Personal ugewisen ass, dat net ëmmer einfach ze fannen ass, kënn et vir, datt ee Chantier sech an d'Längt zitt. Dat ass awer bei deene bal 3.000 Fouillen éischer d'Ausnam wéi d'Reegel.

Léif alleguer, fir d'Demokratesch Partei soll een nëmme Gebaier schützen, déi op Base vun objektive Krittären e manifeste Méiwäert fir eis Gesellschaft hunn. Et geet net drëms ze schützen, wat al ass, mee vill méi ze schützen, wat och wierklech schützenswäert ass. Den architektonesche Schutz muss novollzëibar sinn an en dierf a soll op kee Fall eng Brems sinn, fir nei an innovativ Bauprojeten ze be-, jo, ze verhënnere.

D'Architektur an dat architektonescht Ierwen zu Lëtzebuerg hu vill Gesichter. Et geet jo net just ëm Buergen, Schlässer, Kierchen, Kapellen, Synagogen. Zu eisem Patrimoine gehéieren och Wunnhaiser a Bauerenhäff aus ganz verschiddenen Zäiten, Zeie vun eiser industrieller a reliéiser Geschicht, Brécken, al Dréchemauren oder historesch Gäert. A vergiesse mer net eis Kulturlandschaften, deenen hire Charakter net duerch zweifelhaft oder onpassend Konstruktiounen entfällt dierf ginn. Hei géllt et, nach vill Iwwerzeegungsarbecht ze leeschten.

Och déi kleng Elementer dierfen net vergiess ginn: kleng Haus- a Pressiounskapellen, Weekräizer an aner Monumenter. Vun all dësen Objete géllt et, en Inventar ze maachen. Et geet drëm ze dokumentéieren, wat nach do ass a wat erhaltenswäert ass, wat de Cachet vun eisen Uertschaften ausmécht. Och historesch Uergerle gehéieren zu eisem Patrimoine wéi déi vun Elwen, vu Veianen, aus dem Stadgronn oder d'Stahlhuth-Jann-Uergel vun Diddeleng, déi och grad a mat Hëllef vun dem sozialisteschem gefouerte Schäfferot restauréiert gouf. Schued, datt déi Diddelenger elo net hei sinn!

Léif alleguer, zu de wichtegen Aufgabe vum Service de l'inventaire gehéiert et, d'Baugeschicht vu Lëtzebuerg wëssenschaftlech ze erfuerschen an ze dokumentéieren. Dowéinst ass et wichteg, datt dës Service mat Lokalhistoriker zesummeschafft. Hiert Wësse gëtt doduerch fir déi nächst Generatiounen erhalen. D'Aarbecht vum Inventaire muss wëssenschaftlech ëmfaassend a wéi scho bis elo an Zesummenaarbecht mat de Leit an de Gemeengeverantwortleche geschéien. Duerfir ass et richtig, datt de Service de l'inventaire vum Institut national du patrimoine architectural personell opgestockt an ausgebaut gëtt.

Dat neit Gesetz kann hëllefen ze retten, wat nach ze retten ass. Fir d'Zerstéierung u wäertvollem Patrimoine ze verhënnere, ass och déi éierlech a konstruktiv Zesummenaarbecht vun de Gemenge mat dem neie Service de l'inventaire noutwendeg.

Et ass am Interêt vun all Gemeng, datt de wëssenschaftlechen Inventar op hirem Territoire esou séier wéi méiglech duerchgezu gëtt, an dat aus zwee Grënn: éischters, fir eng Rechtssécherheet fir hir Bierger ze erreechen; zweetens, fir hire gebaute Patrimoine, deem eng national Valeur opweist, kënnen ze schützen an en dann en valeur ze setzen.

Mir hunn hei fir d'éischt en Organ, de Service de l'inventaire, deem an all Stied, an all Dierfer an an all Weiler vum Land fir eng Visite des lieux wäert laanscht kommen. Dat ass eppes Neies, well normalerweise mussen d'Leit bei d'Kultur goen, an e Musée oder an eng Rockhal. Hei kënn de Kulturministère bei d'Leit a bei hir Kultur a kann esou weisen: Kultur ass iwwerall a besonnesch a Form vun der Baukultur. Doduerch ginn d'Mënschen an hire Beitrag zur Baugeschicht vun eise Land esocht geholl. Et sinn nämlech d'Leit, déi d'Haiser an d'Objete bewunnen, fleggen a virginn un déi nächst Generatiounen.

De wëssenschaftlechen Inventaire weist eis alleguer, datt dat eng wäertvoll Aufgab ass. Kultur ass net just am Musée. Kultur ass als Baukultur an all Gemeng, a ville Gebaier an an de Stroosse vun den Uertschaften present. Ni war d'Kultur esou no bei de Leit zu Lëtzebuerg, wéi duerch dësen Inventaire. Nach ni gouf all eenzelt Element, all kulturellen Deel esou wäertgeschätzt!

Meng Fraktioun ënnerstëtzt dann och d'Madamm Kulturminister an der Demarche, fir de Service vum Inventaire weider ze stäerken an eng digital Kaart mat alle geschützte Gebaier opzestellen.

Léif alleguer, deem heite Gesetzesprojet thematiséiert awer net nëmme eis Gebaier, Infrastrukturen an archeologesch Schätz. E schléisst och eis Konschtwierker, eis Miwwele souwéi eis Traditiounen a Gebräicher an den Knowhow, wéi d'Madamm Bernard esou schéi sot, an. Si sinn en Deel vun eiser Kulturgeschichte.

An deem Kontext géif ech gär d'Beispill vun klengsten Duerf an eisem Land beschreiwen. Zu Randschelt am Réidener Kanton sinn nämlech sämtlech Zorte vu Patrimoine culturel vertrueden. Agebett an eng pittoresk, moleresch Landschaft fanne mer hei d'Kierch mat hirem Tuerm aus dem zéngte Joerhonnert an hir Fresken, esou wéi den Haff vum Musée Thillenvogtei als geschützte Vertrieeder vum Patrimoine bâti. D'Haus vum Musée ass komplett agericht wéi en typescht Lëtzeburger Bauerenhaus ëm 1900 mat senger Miwwelen, also dem Patrimoine mobilier. Zu gudder Lescht ginn am Musée Thillenvogtei eng sellegen Aktivitéit fir Kanner an aner Gruppen ugebueden, déi eis Gebräicher wéi Klibberen oder de Kleeschen souwéi och den Alldag an engem Bauerenhaus vu fréier vermëttelen. D'Kanner kréie gewisen, wéi Brout gebak, Grompere gëraf a wéi Äppel zu Viz gepresst ginn a goufen. Dëst ass e Stéck vun eisem immaterielle Patrimoine.

Iwwregens: D'Traditioun vum Kleeschen ass um Inventar vum immaterielle Patrimoine opgeléicht. D'Klibberen ass de Moment an der Prozedur. Zum immaterielle Kulturiere hunn ech och eng Interpellatioun ugefrot. Hei wëll ech virun allem wëssen, wéi eng Auswierkungen d'Pandemie op eis Traditiounen a Gebräicher hat an och nach wäert hunn. Vereenzelter sinn um Verschwannen oder riskéieren, um Verschwannen ze sinn oder verléieren hir Dynamik. Mir wäerten also nach spéider dorobber zrëckkommen.



Léif alleguer, mir schafen haut dee legale Kader, deen et erlaabt, de kulturelle Patrimoine vum Land un déi nächst Generatiounen kënnen weiderzeginn, eng gesetzlech Raum, déi fir e Méi un Transparenz an u Rechtssécherheet steet, e modernen, also zäitgemässe Kader, deen eng Äntwert op d'Erausforderunge vum eiser Gesellschaft gëtt, deen dem Staat endlech déi rechtlech Mëttel an d'Hand gëtt, fir ze retten an ze erhalen, wat gerett an erhal muss ginn.

D'Praxis, d'Entscheidungen an d'Erfahrungen an der Zukunft wäerte weisen, wat deen Text hei wierklech wäert ass. Duerfir ass et esou wichtig, datt et Mënschen an Organisatiounen gëtt, déi nieft dem Staat vigilant bleiwen an en An op eise kulturelle Patrimoine a säin Zoustand halen. Well et gëllt nach vill Iwwerzeegungs- an Oplärungsarbecht ze leeschten, fir datt et wierklech zu enger neier Kultur vum Denkmalschutz kënn, dat an engem Land, wou an der Vergaangenheet - an d'Madamm Modert hat dat der virdrunner ugeschwat - dacks de Bagger méi Prioritéit krut wéi de Respekt virun eise kulturellen Ierwen.

Hei heescht et also, eng Kultur vum Mateneen ze promovéieren, well all Kéier, wann en Denkmal oder e schützenswäerte Patrimoine verschwonnen ass, dann ass och e Stéck vum eiser Kultur, jo vun eis selwer, gestuerwen.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler (DP)** | Dat heite Gesetz, wann et endlech kënn, ass also immens wichtig, well et derzou bäidréit, datt eise Patrimoine wäertgeschätzt gëtt als Element vum eiser Kultur am Allgemengen an als weesentleche Bestanddeel vum Kulturtourismus am Speziellen. Virun allem awer gëtt kloer, datt eng Gesellschaft ouni Schutz vum hirem Patrimoine eng Gesellschaft ouni Memoire an ouni Sél wier. Do wou wäertvolle Patrimoine zum Spillball vu renge materiellen a finanziellen Interesse gëtt, wou säi Schutz, jo säi Bestoen a Fro gestallt gëtt, do riskéiert eng Gesellschaft, just nach dem Mammon ze dengen. Si rappt hir eege Wuerzelen eraus, si verléiert hir kulturell Identitéit!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler (DP)** | Dëst Gesetz soll dat elo hëllefen ze verhënnern. An deem Sënn ginn ech dann och selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeit.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | An ech soen dem Här André Bauler villmools Merci a ginn d'Wuert weider un deen nächsten ageschriwwene Riedner, an dat ass déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Lydia Mutsch (LSAP)** | Fir eis, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, huet dëse Projet de loi iwwert de Patrimoine culturel vum eise Land eng historisches Dimensioun. Schonn an der leschter Legislaturperiod hat d'Chamber souwuel d'Granada-Konventioun iwwert den Denkmalschutz wéi och d'Konventioun vu La Valette iwwert de Patrimoine archéologique ugeholl.

*(M. Marc Spautz prend la présidence.)*

Et ass duerfir héich Zäit ginn, fir d'Reform vum eise Patrimoine op d'Schinnen ze bréngen.

Wéi dës Regierung ugetrueden ass, hu mir eis als LSAP mat engagéiert, dass schnellstméiglech een neit Gesetz op den Instanzewee kéim a mir hunn eis aktiv un den Aarbechten an der zoustänneger Kommissioun

bedeelegt. An dofir freeë mir eis mat der Kulturministesch a mat der Rapportrice Djuna Bernard, där ech fir hiren exzellente Rapport wëll Merci soen, dass mer haut iwwert dëst Gesetz ofstëmme kënnen an dass sech eng ganz breet Akzeptanz fir de Vott herno ofzeechent.

Eist aktuell Gesetz vum 1983 huet säin Déngscht gemaach, mee et ass awer héich Zäit ginn, fir en neie legale Kader ze schafen. Et gëtt am Zesammenhang mat dësem Gesetz vu Paradigmewiessel geschwat - eng aner Prise de de conscience, eng aner Approche, eng aner Demarche - an ech deelen déi Aschätzung.

Mir hunn d'Chance, dass mir an eise Land e formidabelen architektoneschen, archeologeschen a kulturelle Räichtum hunn an dofir ass d'Protektioun an d'Valorisation vum deem Räichtum och esou wichtig. Ouni eng global Approche an ouni eng breet Mobilisation vu ganz villen Acteuren kann dat natierlech net geléngen. Dofir begrëisse mir, dass net nëmme bei de Viraarbechten zu dësem Gesetz, mee och bei der zukünftiger Ëmsetzung all d'Acteure mat an d'Boot geholl ginn: Associatiounen, Gemengen, interesséiert Bierger. An deem Zesammenhang ass déi geplangten, grouss ugeluechte Sensibilisierung ronderëm eise Patrimoine e ganz wichtegt Element.

Gläichermosse wichtig ass eng pluridisziplinär Approche. D'Schützen an d'Opwäerte vum eise Patrimoine huet Repercussiounen op déi nohaltig Entwécklung vum eise Land, op de Schutz vum eiser Ëmwelt, op eis Wirtschafts- a Sozialentwécklung, op den Tourismus, op d'Revitalisierung vum eisen Uertschaften oder och op d'Dynamisierung vum soziale Liewen an eise Quartieren. A genee esou verknäppt sinn och déi verschidde Mesuren an Dispositiounen, vum den Ziler iwwert d'Prozeduren bis hin zu den urbanisteschen Enjeuen, Aiden a finanzielle Moyaenen.

Här President, dëse Projet de loi huet de groussen Advantage, dass en e legale Kader fir eise gesamte Patrimoine culturel schafft. E reegelt souwuel d'Protektioun vum architektonesche wéi och vum archeologeschen, immateriellen a mobille Patrimoine. Meng Partei steet zur Wäertschätzung an zur Protektioun vum Patrimoine culturel an all senger Formen, vu schützenswäerte Kulturgidder aus der Héichkultur iwwert d'Vollekkultur bis hin zur Alldaagskultur an Industriekultur.

Eise Patrimoine ass Ausdruck vum eiser Geschicht, vum eiser Identitéit, déi aus enger grousser Diversitéit eraus ee Ganz ginn ass. An deem Sënn ass eise Patrimoine culturel och e wichtige Pilier vum eise sozialen Zesammenhalt.

D'Konventioun vum Conseil de l'Europe iwwert d'Valeur vum Patrimoine culturel fir eng Gesellschaft, méi bekannt als Konventioun vu Faro, huet an hirem Artikel 2 ënnerstrach, dass de Patrimoine culturel all Ressourcen, déi d'Mënscheit aus hire Vergaangenheet geierft huet, zesummefaast, siefen et Monumenter, Kultursitten, Landschaften, e bestëmmte Savoir-faire - meng Virriedner hunn der schohn e puer genannt -, Kollektiounen aus privaten oder öffentliche Muséeën, Bibliothéiken an Archiven. A fir et hei ganz daitlech ze soen: Och déi Generatiounen no eis hunn e Recht, op dee Patrimoine a senger Gesamtheit kënnen zrëckzegraifen, an dofir muss e protegéiert ginn!

Duerch déi villfältig mateneen verknäpften Hiewelen, déi ugesat ginn, fir eise Patrimoine ze schützen an ze erhalen, ass et net verwonnerlech, dass bei engem Gesetz vum där heiter Envergere e ganz groussen Diskussionsbedarf besteet. Ëmmerhi riskéiert den Intérêt général mat den Intérêt-particulieren ze kollidéieren, oder anescht ausgedréckt: Deenen enge

kann d'Gesetz guer net wäit genuch goen, fir eise Patrimoine maximal ze protegéieren, an deenen anere geet et vill ze wäit bis hin zu gefaarten Aschränkungen vum de perséinleche Rechter.

Als LSAP läit eis um Häerz, dass all déi Suergen a Bedenken esocht geholl ginn, falsch Meenungen widderluecht kënnen ginn, iwwerdriwwer Fuerderungen hannerfrot a berechtigt Zweifele berücksichtigte kënnen ginn. Ee Beispill: A sengem éischten Avis huet de Syvicol ënnerstrach, dass vill Gemengen dat neit Gesetz als eng potenziell Brems fir hir kommunal Entwécklung wouerhuelen, well et e grouss Surplus un administrative Chargen a Käschte mat sech géif bréngen.

Besonnenes kritesch huet sech de Syvicol am Fall vum enger Zone d'observation archéologique gewisen. Hei war d'Angscht, dass grouss Deeler vum nationalen Territoire systematesch enger Evaluatioun zur Potentialité archéologique ënnerzu kéinte ginn, soubal Konstruktions- oder Demolitionsarbechte vum enger bestëmmter Envergere stattfannen.

De betreffenden Artikel 4 ass iwwerschaaft ginn an eiser Kommissioun an déi kritiséiert Notioun vu „potentialité archéologique“ ass aus dem Artikel 4 erausgeholl ginn. Gläichzäiteg ass eng Ausnam bei urgenten Infrastrukturaarbechten an der Zone d'observation archéologique bäigesat ginn. De Begrëff vum der „sous-zone“ ass op Wonsch vum Syvicol en cours de route méi prezis definéiert ginn an doriwwer eraus sinn och Assainissementsarbechte vum de besteende Stroossen an der Sous-zone vum enger Evaluatioun ausgeklammert.

Wat de Volet vum der Protektioun vum architektonesche Patrimoine ubelaangt, ass am Laf vum den Aarbechten an der Kommissioun prezisiéiert ginn, dass d'Gemeinde vum neien Institut national du patrimoine architectural informéiert ginn, ier d'Aarbechten um Territoire vum der Gemeng par rapport zum Erstelle vum Inventaire ufänken. Dëst ass wierklech eng ganz wichtig Präzisioun, déi Vertraue schafft an d'Gelänge vum där riseger Erausforderung, déi den Inventaire duerstellt, iwwerhaupt eréischt méiglech mécht.

Här President, och d'Petitioun Nummer 1638, déi am Joer 2020 ronn 5.300 Ënnerschrëfte kritt huet, huet beluecht, dass ganz vill Biergerinnen a Bierger sech fir de Patrimoine culturel net nëmme interesséieren, mee och engagéieren. D'Petitionären haten ënner anerem de Wonsch geäussert, d'Charge de la preuve ze inverséieren an domat a priori all Gebai, dat virun 1955 gebaut ginn ass, als schützenswäert ze considéieren. An den Ae vum der Kommissioun ass déi Fuerderung ze wäit gaangen. Och misst de Staat de Propriétaire vum engem klasséierte Gebai méi incisiv u seng Obligatiounen erënnern, fir ze verhënnern, dass d'Gebaier bewosst delabréiere gelooss ginn an herno just nach d'Demolitioun iwwregbleift.

An eisen Aen ass dat eng ganz verständlech a berechtigt Fuerderung. De Pôle Nord ass e gutt Beispill. Am Joer 1911 no Pläng vum Architekt Jean-Pierre Koenig gebaut, ass de Pôle Nord 1988 klasséiert ginn, nodeems d'Initiativ „Stoppt de Bagger!“ d'Demande gemaach hat. De Propriétaire, eng amerikanesch Bank, huet awer mat Succès Appell gemaach géint déi Decisioun, soudass dat Gebai op den Inventaire supplémentaire komm ass an no méi wéi 15 Joer, an deenen d'Gebai sech selwer iwwerlooos war, hat sech den Zoustand esou degradéiert, dass näischt anescht méi iwwreg bliwwen ass, wéi et ofzerappen.

Mat dësem Gesetz wëlle mir esou Situatiounen an der Zukunft ausschléissen.



Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi ëffentlech Debatt an der Chamber am Kontext vun der Petitoun huet kloer gewisen, dass d'Protektioun vum Patrimoine ganz vill Leit ganz staark um Häerz läit. Ganz vill Bierger hu sech mat där heiter Fro beschäftegt. Och d'Politiker si Bierger an och der Politik läit eise Patrimoine culturel um Häerz.

Nach ass et esou, dass awer net alles, wat ee sech zum Schutz vun eisem Patrimoine wënne kann, och praktikabel ass. Mat dësem Gesetz gouf a mengen Aen de richtige Wee ageschloen an e kloer juristesch Kader fir d'Zukunft geschaaft. Iwwert dëst Gesetz si ganz vill Neierunge virgesinn, déi mir als LSAP ausdrécklech begrëssen. Si erlaben eis, d'Protektioun vun eisem Patrimoine méi zäitgerecht a méi effikass unzuegoen.

Ausserdeem kënnen mir mat Hëllef vun dësem Gesetz Standarde vun den internationale Konventiounen, déi ech scho genannt hunn, zu deene mir eis iwwerengens och als Lëtzebuurger engagéiert hunn, endlech an eis national Gesetzgebung integréieren. Mir waren do wierklech als Land net en avance. Elo gëtt beispillsweis mam Artikel 5 vum Projet de loi de Prinzip vun der Archéologie préventive aus der Konventioun vu La Valette an eis national Legislatioun verankert.

D'Archéologie préventive ass e ganz wichteg Prinzip, well engersäits archeologesch Iwwerreschter besser viru gréisseren Aarbechten an natierleche Risike protegéiert ginn an anersäits en ongeplangte Baustopp vu Bauprojekte bei zoufällegen Decouverté verhénnert ka ginn, wat jo ganz an eisem Interessi ass.

Dofir: Mat dësem Gesetzesprojet schafe mer och d'Notioun vun der „Zone d'observation archéologique“. All Terrain, dee sech an dëser Zone befënnt, wou Konstruktions- oder Demolitiounsarbechten ugeduecht sinn, gëtt grondsätzlech enger Evaluatioun ënnerzunn, fir sécherzestellen, dass déi geplangten Aarbechte keng Inzidenz op de Patrimoine archéologique kënnen hunn.

Als LSAP fanne mir et fundamental richtig a wichteg, dass dës Prinzipien net op enger ideologescher Grondlag berouen, mee op novollzéibare Krittären, Transparenz a Pragmatismus. Esou gëtt et zum Beispill eng Dispens bei geplangten Aarbechten am Kader vun engem PAP „quartier existant“ mat enger Fläch vu manner wéi 100 Quadratmeter an enger Déift wéi manner wéi 0,25 Meter. Parallell dozou gëtt an der Sous-zone eng Dispens geschaaft am Fall vun engem PAP „quartier existant“ mat enger Emprise vu manner wéi 0,3 Hektar respektiv engem PAP „nouveau quartier“ mat enger Emprise vu manner wéi engem Hektar.

An d'Opérations d'archéologie préventive duerfe sech am Reegelfall och just op maximal sechs Méint erstrecken. Dat si Beispiller, déi wierklech weisen, wéi wichteg et ass, dass een dee richtigen Equiliber fënnt tëscht der Protektioun vum Patrimoine op där enger Säit an der gewënschter an noutwendiger Realiséierung vu Bauarbechten op där anerer Säit. Béd Ziler duerfe sech net ausschléissen, well béd Ziler si wichteg an noutwendeg Parametere vun engem gesonden Urbanismus.

Och den architektonesche Patrimoine muss protegéiert ginn. Do si mer eis natierlech heibannen alleguerten eens. D'Konventioun vu Granada, déi Lëtzebuerg schonn 2016 ratifizéiert huet, obligéiert d'Staaten iwwer hiren Artikel 10, d'Protektioun vum architektonesche Patrimoine als eent vun de undamentalen Ziler vum Aménagement du territoire festzehalen.

Hei wëll ech nach emol ënnersträichen, dass eisen architektonesche Patrimoine nëmmen dann effektiv protegéiert an erhale ka ginn, wann déi 103 Acteuren

hir respektiv Verantwortung iwwerhuelen. Also souwuel de Kulturministère wéi och déi 102 Schaffen a Gemengeréit.

An der parlamentarescher Kommissioun gouf och nach eng Kéier prezisiéiert, dass nieft mindestens engem vun de 14 méigleche Krittären, dee vun der Authentizitéit op alle Fall muss erfëllt sinn, wann en Immeubel a Fro kënnt, fir als Patrimoine culturel national klasséiert ze ginn.

Et kann een et net oft genuch soen: Kloer, objektiv an novollzéibar Krittäre bei de Klassementer sinn d'Grundvoraussetzung, fir dass dat neit Gesetz déi néideg Akzeptanz um Terrain kritt a méiglechst effikass an der Praxis kann ëmgesat ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen, e Kärstéck vun dësem Gesetzesprojet ass d'Schafe vun den Inventaire fir den architektoneschen, archeologeschen an immaterielle Patrimoine. Dëst bedeit e groussen Opwand fir déi zoustänneg Instituter a Servicer, déi iwwerengens hei eng formidabel Aarbecht leeschten. A virun allem wäerten déi Inventairen net vun haut op muer Realitéit ginn. Et ass eng Aarbecht, déi ganz vill Zäit an Usproch hält, wäertvoll Zäit, well déi Viraarbecht soll et jo erméiglechen, eng uerdentlech a professionell Bestandsopnam vum gesamte kulturelle Patrimoine zu Lëtzebuerg ze maachen. Gemeng fir Gemeng an dëst op der wëssenschaftlecher Grondlag vum Inventaire. An dat ass gutt esou!

D'Prozedur vun der nationaler Protektioun vun Immeublë gëtt an deem Sënn vereinfacht, dass et an Zukunft eng eenzeg Prozedur gëtt, an zwar déi vum Klassement. E weidere gréissere Schratt fir eng méi grouss Sécurité juridique besteet doranner, dass d'Prozedur vun der nationaler Protektioun vun Immeublen net méi op Basis vun engem Arrêté ministériel geschitt, mee iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal, wat an eisen Aen ze begrëssen ass.

Här President, als LSAP ass et eis en zentraalt Uleies, fir de Fond vum Patrimoine architectural mat den néidege budgetäre Mëttelen ze ekipéieren, fir dass d'Protektioun an d'Erhale vun eisem Patrimoine och effektiv realiséiert gëtt.

Aktuell hu mir am Land 1.877 - ech hoffen, Madamm Minister, dass dat nach déi aktuell Zuel ass - Immeublen an Objeten, déi protegéiert sinn. Ongeféier d'Hallschent dovunner gouf an de leschten zéng Joer protegéiert, obschonn déi gesetzlech Basis fir eng Protektioun schonn zënter 1927 besteet. Déi lescht Joren ass also e ganz groussen Effort gelescht ginn an op deem Elan wäert dat neit Gesetz och opbauen.

Dës Zuele weisen gläichzäiteg, dass sech och bei eis d'Prise de conscience fir d'Wichtigkeet vun eisem Patrimoine culturel weiderentwéckelt huet. Trotzdeem mengen mir als LSAP, dass weider an zousätzlech Efforte mussen gemaach ginn, fir de Grand public fir eng nohalteg a responsabel Valoriséierung vun eisem Patrimoine ze sensibiliséieren.

An dofir mussen mer och sécherstellen, dass de Service des sites et monuments respektiv den neien Institut national du patrimoine architectural dat néidegt Personal kritt, fir den Uspréch, déi un e gestallt ginn, kënnen gerecht ze ginn. Dës Punkt ass an eisen Ae besonnesch wichteg, well d'Stäerkt vum Personal och eng Grundvoraussetzung dofir ass, dass d'Durée d'achèvement net ze laang gëtt, wat wierklech keng Niewesaach ass.

Den Inventaire supplémentaire wäert ganz ewechfalen am Interêt vun enger besserer Sécurité juridique. Mee och hei gëllt et, all Detailer ze bedenken, well déi Immeublen, déi op Basis vum aktuelle Gesetz, vun

1983 also, um Inventaire supplémentaire drop waren, wäerte weiderhin ageschriwwen gi bis zu deem Moment, wou deen neie Règlement grand-ducal zum Klassement als nationale Patrimoine a Kraaft getrueden ass. Op dës Aart a Weis evitéiere mir, et ass jo och esou gewollt, dass Immeublë während enger gewësser Zäit hir Protektioun ganz géife verléieren. Dat selwecht gëllt parallell fir sämtlech Immeublen, déi op Basis vum Gesetz vun 1983 als Monument national klasséiert goufen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Lydia Mutsch** (LSAP) | Och d'Allocatioun vun de staatleche Subventiounen un d'Gemengen, un d'Gemengesyndikater, d'Associatiounen oder u Privatpersounen, fir d'Behalen oder d'Restaureiere vun engem Immeubel mussen an aller Transparenz geschéien an dierfen och net onnéideg komplizéiert sinn. Méi generell gëllt et, kloer verständlech an acceleréiert Prozeduren ze schafen. An och dobäi hëlleft dëst Gesetz massiv.

Dir gesitt, Här President, meng Partei steet hannert deem neie Patrimoinengesetz. An dofir wäert et Iech och net wonneren, dass ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz matbréngen, awer, a ganz zum Schluss, sou wéi sech dat gehéiert bei esou engem noblen Debat wéi deem vun haut, awer och well ech wousst, dass den honorabelen Här Bauler mäi Virriedner wier, wéilt ech gär meng Interventioun mat engem Zitat ofschléissen.

Den Albert Schweitzer, Dokter, Kulturphilosoph, Friddensnobelpräisträger, huet Folgendes, a mengen Ae ganz Richteges gesot: „Kultur fällt uns nicht wie eine reife Frucht in den Schoß. Der Baum muss gewissenhaft gepflegt werden, wenn er Frucht tragen soll.“

An deem Sënn, merci fir d'Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci der honorabelen Madamm Mutsch. Den nächsten agedroene Riedner ass den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiertkolleegen, Madamm Ministesch an och Här Minister, deen do sëtzt, no joerzéngtelaangen Diskussiounen si mir Gréng haut frou an houfreg, dass Lëtzebuerg endlech e staarkt a modernt Patrimoinengesetz kritt, well et ass batter néideg. Doranner ware sech nieft den Acteuren aus der Zivilgesellschaft an den Experten och quasi alleguerten déi Leit, déi Avice geschriwwen hunn zu deem neie Gesetz, eens.

Lëtzebuerg huet nach ëmmer e Réckstand beim Denkmalschutz am Verglach mam Ausland. Mir setzen och endlech déi internationalen Texter ëm, déi Lëtzebuerg ratifizéiert huet. Wann a Frankräich 3 % vun de Gebaier Monuments historiques sinn an an Däitschland tëscht 3 a 5 %, dann hu mir zu Lëtzebuerg just 0,8 % national Protektioun.

Den Denkmalschutz gëtt elo nei opgestallt an un déi haiteg Zäit ugepasst. An nodeems schonn tëscht de Joren 2000 an 2009 un engem neie Patrimoinengesetz geschaaft gouf, ouni dass et awer zu engem Resultat komm ass, si mir immens frou, dass d'Kulturministesch e knapp Joer no hirer Vereedegung déi politesch Initiativ an de Courage gewisen huet, fir 2019 en neie Versuch ze woen an en neie Projet ze deposéieren.

Zwee an en halleft Joer méi spéit stëmme mir dëst neit Patrimoinengesetz. An dofir soe mir onser engagéierter Kulturministesch villmools Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!



**M. François Benoy** (déi gréng) | Merci och der Rapportrice, déi ons erkläert huet, wat fir e Paradigmewissel mer haut hei alauden a wéi eng Mëttel mer eis elo ginn, fir beim Denkmalschutz endlech net méi hannendrun ze lafen. An e Merci och fir allegueren déi vill Leit, déi um Terrain schaffen a sech engagéieren. Et ass net ëmmer einfach, Denkmalschützer ze sinn. Dat heescht ze kämpfen, sech ze engagéieren an der vill op den Deckel ze kréien. Ech erliewen dat ëmmer erëm och a Gemengerotssitzungen, wou een erlieft, dass nach laang net jidderee verstanen huet, wéi wichteg den Denkmalschutz ass.

Wa mir hei endlech e wichtige Schrëtt virukommen, dann ass dat och, well sech dobausse Leit fir den Erhalt vum Kulturierwe staark maachen. An dofir soen ech hinnen am Numm vu menger Fraktioun och villmools Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Hären, haut ass e gudden Dag fir de Patrimoine, well mir endlech e Gesetz kréien, dat den Numm vum engem Patrimoinengesetz andréngt. Natierlech muss e Gesetz wéi dat heiten awer och juristescht d'Strooss halen a praktesch ëmsetzbar sinn. An deem Sënn hält den Text d'Balance tëscht dem Erhale vum eiser Vergaangenheet an der zukünfteger Entwécklung vum eise Land an eisen Infrastrukturen.

De wirtschaftlechen an demografesche Wuesstum vum de leschte Joren a Joerzéngte stellt och de Schutz vum Patrimoine virun Erausforderungen, well méi Gebaier an Terraine kaf a verkaf ginn a well méi gebaut gëtt. An hei läit de Paradigmewissel. Dat Wuert ass bei deem Gesetz net ze héich gegräff. Vun engem nodréigleche Schutz, deem oft ënnert dem Zäitdrock vum enger Zoufallsdecouverte oder engem Verkaf huet misse stattfannen, gi mir eriwier op e proaktive System mat kloer Prozeduren an Delaien. Konkreet weist sech dat zum Beispill um Prinzip vum der Preventivarcheologie an och bei den neie systematesche wëssenschaftlechen Inventaire vum dem Patrimoine architectural.

Nieft neie Prozeduren a Bestëmmunge bréngt dat neie Gesetz och eng ganz Rei wichteg Vereinfachungen. Sou gëtt zum Beispill beim bebauen a beim mobile Patrimoine den zweegleisige System vu fréier duerch eng eenheetlech Prozedur ersat. D'Gesetz leet och Wäert op Transparenz, kloer Prozeduren an Delaien, d'Abanne vum de Bierger a Proprietär/innen duerch eng Consultation publique an d'Publikatioun vum de wëssenschaftlechen Inventaire fir de Grand public.

Dës Reform vereent de Schutz vum Privateigentum mat dem Schutz vum dem kollektive Gutt, dat eise Patrimoine duerstelt. An och d'Proprietäre profitéieren vum de fixen Delaien an den transparente Prozeduren.

Am Beräich vum Inventaire gëtt et och eng weider wichteg Neierung vum deem Gesetz. Dat ass de Prinzip vum de Secteurs protégés d'intérêt national. Vum Prinzip hier kenne mir déi Iddi scho vum Gemengenniveau, wou et bei de PAGe kommunal Secteur-protégée gëtt. D'Iddi ass hei, dass en zusammenhängenden Ensembl vum Gebaier ënner Schutz gestallt gëtt, well nëmmen als Ganzt säin historiesche Charakter esou kann erhale ginn. E klassescht Beispill hei sinn historiesch Duerf- oder Stadkären oder Quartierskären. Wichteg ass et och, hei ze soen, dass och dat Instrument am Gesetz verhältnisméisseg an transparent encadréiert gëtt.

Esou muss esou e Secteur protégé mat Text- a Kaartematerial kloer definéiert ginn. E muss e Plan de gestion a längerfristeg Ziler virweisen. A wann e bis a Kraaft ass, da ginn d'Proprietäre vu Gebaier kloer informéiert, wat dat elo fir si heescht. An natierlech net ze

vergiessen: Och d'Secteurs protégés gi wéi d'Inventairen duerch d'Consultation publique, ier se a Kraaft trieden.

D'Inventarisierung vum alle Gemenge wäert laut de gängige Schätzungen eng zéng Joer daueren. E Laangzäitprojet also, mee dat ass net méi séier ze maachen. Et geet eeben drëm, fir e System op d'Been ze stellen, deem duerno nohaltege ka funktionéieren. Entre-temps gëtt et mam Filet de sécurité awer e Mechanismus, deem dem weidere Verloscht vum Patrimoine soll direkt entgéintwierken. Konkreet heescht dat: Bis den nationale Schutz op Basis vum den neien Inventairen operationell ass, wäerte substanzuell Verännerungen oder Ofressaarbechte vu kommunal geschützte Gebaier zousätzlech der Autorisation vum dem Kulturministère ënnerleien.

Dee Filet ass esou direkt wierksam a bitt och juristescht Sécherheet. E kann awer nëmme gräifen, wann d'Gemengen och de Schutz vum Patrimoine eescht huelen.

Zu gudder Lescht betrëfft d'Gesetz och nach de mobilien an den immaterielle Patrimoine. An och hei moderniséiere mer bestoend Texter, wou et se gëtt, a féieren doriwwer eraus wichteg Neierungen an. De ganze Beräich vum Patrimoine immatériel zum Beispill ass nach relativ rezent. Hei gëtt et zu Lëtzebuerg eréischt zanter 2017 en éischten Inventaire. Mir begrëssen dës Neierung. Si weist, dass d'Notioun vum Patrimoine sech permanent weiterentwéckelt a si ënnersträicht d'Wichtigkeit vum eisen Traditione vum Hannergrond vum enger ëmmer méi globaliséierter Welt.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech kommen nach eng Kéier zrëck bei d'Gemengen. D'Gemengen hu, wéi gesot, eng grouss Responsabilitéit am Kader vum de PAGen. D'Iwwerschaffe vum de PAGen an dem Sechsjoresrhythmus bitt eng Chance, fir den Denkmalschutz konsequent op kommunalem Plang ze garantéieren. Dës Gesetz betrëfft nämlech nëmmen den national schützenswäerte Patrimoine an dat ass logescherweis nëmmen e klengen Deel vum gesamte Kulturierwen.

Dës Responsabilitéit vum de Gemengen ass an der Iwwergangszäit vum dem neie Gesetz, wéi scho gesot, besonnesch wichteg, fir dass an der Tëschenzäit keng erhaltenswäert Gebaier verschwannen oder verfallen, ier den neie Schutz gräift.

Wichteg ass awer och laangfristeg d'Kohärenz tëscht de verschiddene Niveauen. De Paradigmewissel an d'Weiterentwécklung op nationalem Plang mussen op kommunalem Niveau verstane ginn. An dofir brauche mer Sensibilisation, och um Niveau vum de Gemengen, fir den nationale Schutz, awer och fir de kommunale Schutz, dee mir nach wie vor brauchen.

Tëscht de verschiddene Gemenge ginn et nämlech och Ennerscheeder. Während déi eng den Denkmalschutz ganz seriö huelen, maachen anerer awer hei och manner. Dobäi kënn, dass den Denkmalschutz op kommunalem Plang an de leschte Joren och bei e puer Gerichtsaffären a Fro gestallt gouf, an dofir brauch et méi Kohärenz um Gemengenniveau.

Et brauch een am Endeffekt eng Conservation intégrée queesch duerch déi verschidden Niveauen, wéi et och d'Konvention vu Granada fuerdert, déi Lëtzebuerg eréischt 2016 ratifizéiert huet.

Här President, Dir Dammen an Hären, Sensibilisation an Informatioun brauch et awer net just bei de Gemengen, mee bei der ganzer Population. D'Gesetz hei stellt wichteg Weichen, mee garantiéiert fir sech eleng kee ganzheetlechen an effikasse Schutz. Wéi een am Däitsche seet, brauch een hefir eng

„Denkmalschutzkultur“ an dat op allen Niveauen. An um Wee dohinner hunn déi zoustänneg staatlech Stellen och wichteg Missiounen a brauchen dofir och laangfristeg déi néideg Mëttelen, zum Beispill fir d'Sensibilisation, d'Publikatioun vum den Inventairen, Ausstellungen, Zesummenaarbechte mat de Schoulen an esou weider an esou fort.

An insgesamt gëllt fir dës neit Gesetz: D'Effektivitéit an d'Vites vum den neie Prozeduren ergi sech sécher aus deem Text, dee mir haut hei stëmmen, mee eeben och aus de Moyene fir d'Ëmsetzung dovun. Soss dauert et herno ze laang oder et geet Patrimoine verluer, well d'Delaien auslafen. An nieft dem objektive Verloscht géif et och zu engem Vertrauensverloscht an den Denkmalschutz kommen an dat musse mer onbedéngt verhënnern.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Hären, bei engem ambitiöse Projet wéi deem heiten ass et verständlech, dass et och Virbehalter goufe respektiv ginn. Fir et ganz kuerz ze maachen: Nee, de Schutz vum Patrimoine ass net onvereinbar mat der Schafung vum Wunnraum oder vun Infrastrukturen. Dës Gesetz seet net, dass hei zu Lëtzebuerg elo néischt méi gebaut oder ofgerappt däerf ginn.

Hei muss een och ervirhiewen, dass d'Gesetz d'Méiglechkeet vu Verännerungen un historiesche Gebaier net ausschléisst. Sou kënnen duerchaus zum Beispill Wunnengen an esou Gebaier ugeluecht ginn.

Dofir nach eng Kéier: Denkmalschutz an d'Entwécklung vum Land schléisst sech net aus. Am Géigendeel: Déi transparent a previsibel Prozeduren zilen drop of, fir déi grouss Majoritéit vum de Fäll ze vereinfachen an ze beschleunegen.

Geet dës Gesetz elo net wäit genuch oder geet et vläicht souguer ze wäit? Tëscht den Avise vum Syvicol, vum de verschiddene Berufsskummeren an engagéierten Denkmalschützer ginn d'Meenungen natierlech ausereneen. Et gouf jo zum Beispill déi Propos fir e generell Enner-Schutz-Stelle vun all Gebai, wat virun engem Stéchedatum X gebaut gouf, sief dat 30 oder 50 Joer. Dat huet sech bekanntlech als juristescht net gangbar herausgestallt an och de Staatsrot huet sech jo hei dergéintgestallt.

Mir mengen, dass dës Gesetz just de gudden Kompromëss fir de Schutz vum deene verschiddene legitimen Interesse vum de Kollektivitéiten an den Einzelnen hei fonnt gouf.

Zu de Kriticken - et géif ze wäit goen - wëll ech och nach eemol soen, dass mir zu Lëtzebuerg den Denkmalschutz an de leschte Joerzéngten net seriö genuch geholl hunn. Dat gesäit ee jo och am internationale Verglach ganz gutt. Mir hu Konventionen och spéit ëngesat. Mir ware respektiv mir si bei der Zuel vum de geschützte Gebaier an Objeten och ëmmer nach hannendran. An dofir musse mir ons elo natierlech déi néideg Moyene ginn an dat maache mir och mat kloer a mat transparente Prozeduren.

A wa mir zu Lëtzebuerg net genuch bezuelbar Wunnengen hunn, dann ass dat sécher net d'Schold vum dem Denkmalschutz. Ech rappeléieren och nach eng Kéier, dass mer eng 5.000 Hektar Réserve foncière am Perimeter hu mat Wunnraum fir 300.000 Awunner. Wann do an de leschte Joren net genuch geschitt ass, dann ass dat sécher net dem Denkmalschutz seng Schold. Grad esou weening wéi Logement an Naturschutz sollte mer Logement net géint Denkmalschutz ausspülen. A grad esou weening sollte mer energieetesche Renovatioun an Denkmalschutz géinteneen ausspülen. Dat Ganzt geet nëmmen zesummen an et geet am Respekt vuneneen, wéi ganz vill gutt Beispiller weisen.



**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | A Lëtzebuerg huet dofir jo och eng ganz ambitiéis Renovatiounsstrategie, wou eent vun den Ziler och justement ass, fir eng gutt Ofstëmmung vun eisen Ziler an der Energiepolitik mat dem Denkmalschutz ze maachen. An ech rode jiddwerengem, do eng Kéier e Bléck dran ze werfen, da kann en dat och do am Detail noliesen.

Mir brauchen also eng engagéiert Logementspolitik. Mir brauchen och eng engagéiert Naturschutzpolitik, eng engagéiert Energiepolitik an eeben och eng engagéiert Denkmalschutzpolitik. A genau dat kréie mer duerch dëst Gesetz, wou mir d'Weichen elo wierklech stellen, ons Responsabilitéit huelen, fir en effikasse Schutz vum Patrimoine och effektiv ëmzesetzen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här President.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le rôle de l'État est celui de veiller à la conservation du patrimoine culturel majeur pour notre pays ;*

*- considérant que le patrimoine culturel reflète l'histoire et l'identité partagées des citoyen-ne-s et les valeurs très diverses qui y sont attachées ;*

*- considérant que le patrimoine culturel entretient des liens étroits avec les préoccupations sociales et socio-économiques et que dès lors, il est le terreau d'une politique de cohésion territoriale et sociale ;*

*- considérant que la protection du patrimoine culturel relève du développement durable ;*

*- rappelant que le Grand-Duché de Luxembourg a signé une série de textes internationaux en matière de protection du patrimoine, dont notamment les Conventions de Grenade, de La Valette et de Faro ainsi que celle des Nations Unies relative à la protection du patrimoine mondial, culturel et naturel ;*

*- reconnaissant la prise de conscience et les mobilisations au niveau de la société civile ces dernières années en faveur de la conservation du patrimoine culturel ;*

*- reconnaissant le succès de la pétition publique n° 1638, débattue en séance publique à la Chambre des Députés le 21 octobre 2020 ;*

*- rappelant que les travaux d'inventorisation nécessaires à la mise en place du nouveau régime de protection s'étendront sur une période estimée à une dizaine d'années ;*

*- saluant le renforcement des effectifs du Service des sites et monuments ces dernières années ;*

*- rappelant que la sensibilisation de tous les acteurs concernés constitue un élément essentiel pour l'efficacité du nouveau régime de protection et que les institutions publiques concernées ont une mission médiatrice essentielle à assumer dans ce contexte,*

*invite le Gouvernement*

*- à réaliser, trois ans après l'entrée en vigueur de la loi, un processus récurrent d'évaluation qualitative de sa mise en application ;*

*- à prendre en compte dans le cadre de cette évaluation l'étendue des travaux d'inventorisation prévus par la loi en projet ainsi que le délai prévu pour leur mise en œuvre ;*

*- à assurer que les ressources budgétaires nécessaires soient mises à disposition des services et instituts étatiques compétents tout au long de la mise en pratique du nouveau régime de protection ;*

*- à assurer l'information et la sensibilisation de tous les acteurs concernés par le nouveau régime de protection, dont notamment les communes et le grand public ;*

*- à prévoir les moyens budgétaires nécessaires pour une large diffusion des inventaires scientifiques du patrimoine architectural réalisés.*

(s.) *François Benoy, André Bauler, Djuna Bernard, Sven Clement, Fred Keup, Octavie Modert, Lydia Mutsch, Nathalie Oberweis.*

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Ech géif dann eng Motioun hei deposéieren, déi zu menger grousser Freed an zu onser aller Freed vun alleguerten de Parteien an der Chamber ënnerschriwwen ginn ass. An dofir jiddwerengem e grouse Merci, well dat ass haut e staarkt Zeechen, wat mer ginn. Hei stelle mir eng ganz Rei Punkte fest, dorënner d'Wichtigkeet vum Patrimoine fir ons Identitéit an domadder och d'sozial Kohäsion an d'nohaltig Entwécklung, d'Wichtigkeet vun der staatlecher Verantwortung an dësem Beräich, déi sech aus deenen Iwwerleeungen ergëtt. Mir rappelléieren och déi verschidde Konventiounen, déi mer ratifizéiert hunn a mir ënnersträichen d'Wichtigkeet fir d'Sensibilisatioun an dësem Beräich.

An opgrond vun deene Consideratiounen invitéiere mer d'Regierung, fir an dräi Joer mat enger lafender Evaluatioun vum Gesetz unzefänken, fir ze kucken, wou mer da stinn; dann awer och ganz wichteg, fir déi néideg budgetär Moyenen zur Verfügung ze stellen, fir dass dëst Gesetz och effikass a vollstänneg kann ëmgesat ginn, wéi et eis Volentéit ass. Grad d'Missioun vum Inventaire vum gebaute Patrimoine ass gewaltig an dofir brauch och grad déi heiten Ekipp an Zukunft méi Leit.

An dann - wéi ugedeit - fuerdere mer och eng konsequent Informatioun fir de Grand public grad ewéi och fir d'Gemengen, fir dass d'Denkmalschutzkultur bei alle concernéierten Acteure gestärkt gëtt.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech kommen dann zum Schluss. Mir kréien haut endlech e Gesetz, dat op der Héicht ass vun deem, wat mir zanter Jore brauchen. Mir maachen dat am Bewosstsäin, dass et hei ëm legitim Interesse geet, souwuel um kollektive Plang wéi och vun dem Einzelnen. A mir ginn eis dofir am Beräich vun de Konzepter, vun de Bestëmmungen a vun de Prozeduren d'Méiglechkeeten, fir eng nei Etapp beim Schutz vum Kulturierwen anzelauden. Dovu wäert onst Land an den nächste Joren a Joerzénge profitéieren.

A wa mir onse Patrimoine schützen, da schütze mir en Deel vun eiser kollektiver Identitéit. Dofir maache mir och eppes Guddes fir de sozialen Zesammenhalt an d'Qualitéit vun eise alldéegleche Liewensraum. Dovunner profitéiere mir alleguerten all Dag. An dofir ginn ech haut mat grousser Freed d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz an ech soen Iech alleguerte villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci dem honorabelen Här Benoy. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabele Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci. Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Merci och der Rapportrice, dem Djuna Bernard, fir de gudden Rapport. A merci och all deene Leit, déi matgeschafft hunn hei an och menge Virriedner, déi genau wéi mir eise kulturelle Patrimoine am Häerz droen an d'Saache wëlle verbessern.

Mir sinn awer e bësse manner optimisteschen wéi déi meeschte vun deenen, déi viru mir geschwat hunn. An dat wäerte mer elo e bëssen duerleeën. De Sites et monuments schreift: « La conservation, la protection et la mise en valeur du patrimoine bâti est l'affaire de tous : propriétaires d'immeubles, associations, citoyens, communes, État. En effet, il y va de l'identité culturelle de tout un pays. » Et geet ëm d'kulturell Identitéit vun eise Land, ëm eis kulturell Identitéit a wat ofgerappt gëtt, dat ass fort, fir ëmmer.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

„Rett Lëtzebuerg! Save Luxembourg!“ Esou seet eng Vereenegung, déi antrëtt fir d'Erhale vun eiser wäertvoller historescher Bausubstanz. Si haten eng Petitioun gestart, waren erfolgräich a waren hei an der Chamber an hunn eis wuelduerchduecht a konkret Virschléi gemaach. Resultat: Hir Enttäuschung war grouss. Si hu gesot: „Hunn d'Lëtzeburger kee Gefill fir d'Vergaangenheet a fir d'Geschicht?“ Dat war hire Spriecher, de Peter Kleijnenburg. A weider: „Vläicht feelt et de Lëtzeburger e bëssen u Stolz.“ Dat sinn hir Wieder.

Ma hien huet e bësse Recht. Kommt mir sinn emol houfreg op eis Kultur, op eis Geschicht, op eis Traditionen, op eis Ritualer, op eis Sprooch an op eis Architektur! Wéi kann et sinn, dass déi selwecht Leit, déi op där enger Säit gär an d'Provence oder an d'Toskana wonnerschéin harmonesch erhalen Dierfer a Stied bewonnere ginn, op där anerer Säit hei am Land zouloossen, dass esou wonnerschéin harmonesch erhalen Dierfer zerstéiert ginn?

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | E puer Beispiller schnell: Aktuell d'Gare vun Ettelbréck, 160 Joer al, gëtt ofgerappt an ersat duerch eng elle Këscht ouni Séil, ouni Identitéit. Aktuell dem Aloyse Kayser säin Heemechtshaus zu Miersch, dann déi ronck Bréck am Neiduerf zu Esch, vill aneren industrielle Patrimoine, d'Keeseminnen, e Wiertshaus vun 250 Joer zu Äischer, al Bauerenhäff zu Wecker, zu Housen, zu Keespelt, zu Nidderfeelen, zu Conter, zu Hiefenech, zu Bruch, zu Eschweiler, zu Gouschteng, zu Kanech, zu Garnech, zu Wäiswampech, zu Mamer, Gëtzen, Steesel, Luerenzweiler, Eilereng an esou weider an esou fort - jo, fort ass fort!

Bauerenhäff, 200 Joer al, vum Sites et monuments als erhaltenswäert ugesinn: ofgerappt. Wonnerschéin 100-järeg Haiser zu Hollerech, um Lampertsbiereg, zu Bouneweg, Beggen, am Neiduerf: fort. D'Kärenhal vum Agrocenter zu Miersch: fort. Déi schützenswäert Annex vum Schloss Heeschdref: fort. D'Patton-Bréck: fort. Esou vill gëtt zerstéiert, esou vill Kultur ass fort!

Ass dat d'Bewosstsinn fir d'Lëtzeburger Kultur? Do wonnert et net, dass d'Leit soen: „Rett Lëtzebuerg!“ An dat hätt een och elo scho kënne verhenneren, och ouni dat neit Gesetz. Firwat ass dat net gemaach ginn? Firwat gëtt dat net gemaach? A firwat soll elo op eemol viles dorun änneren? Wann de Wëllen net do ass, ännert sech och net vill mam neie Gesetz, well een dat neit Gesetz, quitte dass et eng ganz Partie vu Prezisiounen bréngt a gutt Usätz huet, awer als en zahllosen Tiger consideréiere kann. De Wëlle feelt. Enfin, de Wëllen ass nach vläicht do, mee da feelt de Courage.

Well dat, wat ee brauch, dat ass eeben dann de Courage. An de Courage heescht eeben, Leit - an dat sinn oft Wieler - hiert Haus ze schützen, och wa si dat ofleenen. Hei am neie Gesetz gi kloer Krittäre festgeluecht an et kënnert en Inventaire. Dat ass eng super Saach. All eenzelt Gebai hei am Land géint no wëssenschaftleche Krittären ënnersicht. Dat hëlleft als Argument: Wie ka schonn eppes géint d'Wissenschaft soen?



Et gouf dat allerdéngs schonn deelweis virdrun. De Service des sites et monuments mécht eng enorm fantastesch Aarbecht, an ech wëll hinnen och vun hei aus e ganz grouse Merci soen an e grouse Respekt ausschwatzen. Mee wat geschitt dann domat? Ee Beispill: de PAG vu Péiteng. 1.131 Gebaier wieren ze schützen, esou soten d'Experten, d'Wissenschaftler vum Sites et monuments. Péiteng: „Boff, 181.“ 181 vun 1.131 hu si geschützt. Hei si mer dann am Konflikt tëscht Politik a Wëssenschaft. Déi eng soe „Schützt vill!“ an déi aner schützen e Minimum.

Et kann een de Buergermeeschter dann och verstoe bei deem, wat hie seet. Hie seet: « S'ils veulent protéger ces bâtiments, ils n'ont qu'à le faire eux-mêmes. Ils peuvent lancer une procédure de classement national. » Dat huet den Här Mellina gesot an engem Interview. An dat ass verständlech zu engem gewëssenen Deel: Hie spillt de Ball weider un de Ministère.

An deem deet sech och schwéier, well och do brauch ee Courage, et trëppelt ee jo Leit op d'Féiss. Beim Sites et monuments fanne mer eng Lëscht vun de Gemengen an dräi Faarwen: gréng, giel, rout. An am Rouden, do sinn dann déi Gemengen, déi « malheureusement, n'ont pas assumé suffisamment leur rôle protecteur du patrimoine bâti local ». Dat sinn der eng ganz Partie, déi dat net gemaach hunn.

Wat geschitt also, wann d'Gemengen, wann déi Gemeengeverantwortlech sech net dem Avis vun den Experten uschlëssen? Dat ass jo d'Fro. Den Inneministère huet deemools de PAG vu Péiteng akzeptéiert. De Kulturministère wollt net selwer schützen. D'Gemeng huet de Minimum vum Minimum gemaach. Wéi gesot, do ass de Problem, et feelt u Courage a jidderee verstoppt sech hannert deem aneren. An och dësem Gesetz feelt et eeben e bëssen u Courage.

Duerfir nee, haut ass net dee groussen Dag fir eist wäertvoll Bauierwen, fir den Denkmalschutz. Et verwonnert dann och, dass grad an enger Zäit, wou ganz vill vun Nohaltegkeet, CO<sub>2</sub>-Emissiounen, Recycling, Circular Economy geschwat gëtt, dës Argumenter dann hei méi eng kleng Roll spillen. Wa mer nämlech déi Gebaier stoe loosse amplaz ofzerappen, da gëtt vun der bestoender Bausubstanz profitéiert, ouni dass duerch en Ofress grouss Quantitéiten u Bauschutt ufalen. Zousätzlech ginn och eng ganz Rei Zäregasemissiounen agespuert, déi bei engem Neibau géifen ufalen, a wäertvoll Ressourcen a Rostoffer gi geschount. Mee amplaz recycléiert, gi leider vill ze vill Haiser op den Tipp gehäit. Eppes Neies bauen, amplaz eppes Ales nach ze notzen, ass eng Verschwendung vu Ressourcen.

Da kënnt och gär d'Argument vum Logementsproblem, vun der Wunnengsnout. An ech wëilt och vläicht eng Kéier en anere Bléckwénkel hei e bëssen erabrénge. Kuerz, de Logementsproblem, dee besteet effektiv engersäits doranner, dass eng Partie Leit hei am Land iwwerhaupt keng Wunneng fannen, well se d'Moyenen absolut net hunn. Dat ass e grouse Problem. Wann awer déi meeschte Leit sech opreegen iwwert d'Logementspräisser, dann ass et net, well se keng Wunneng fannen, mee dann ass et, well se net déi Wunneng fannen, déi se gärén hätten. A si huelen oft Beispiller a soen dann: „Jo, mee meng Elteren, déi konnte sech awer nach eppes Groussen leeschte mat aacht Ar Terrain an esou weider an esou fort, an ech kann dat haut net méi!“ An ech mengen, dat ass e ganz groussen Deel vum Wunnengsproblem, wéi d'Leit en dobaussen empfangen.

Verbessere mer hei déi Wunnengsproblem, andeems mer schéin, wäertvoll Haiser ofzerappen an duerch bëtons Appartementscuben ersetzen? Ech mengen net.

Mir sinn doniewent och Europameeschter am Bauen an do si mer beim onkontrolléierte Wuesstum. Kee Land baut esou vill Wunnenge wéi mir hei zu Lëtzebuerg aktuell a kee Land wüsst esou schnell wéi Lëtzebuerg mat alle grouse Problemer, déi dat mat sech bréngt: Trafick, Naturzerstörung, héich Wunnengspräisser an eeben d'Zerstörung och vun der wäertvoller Bausubstanz an Architektur. Dat ass e grouse Problem fir ganz vill Saachen hei am Land. Dat ass och d'Wuerzel vun dësem Problem hei beim Denkmalschutz.

A kommt mir sinn emol éierlech: Wat ass da méi schéin, dat wat fréier gebaut ginn ass oder dat wat haut gebaut gëtt?

**Une voix | Très bien!**

**M. Fred Keup (ADR) |** Wäiss Këschten, Uniformiséierung, Bëtonsbléck, wäiss an anthrazit, ouni Séil, ouni Geschicht, déi net laang wäerte stoen, oft gebaut, fir 20, 30 Joer ze halen. Al Bauerehaiser sinn no 150 Joer nach tipptopp. Et ass e kuerzfristegt Denken. Et gëtt gebaut, gebaut, gebaut, mee wat ass et dann? Deelweis nennen d'Leit et Kanéngerchersstall oder Fixfeierkëschten ouni Léift. An et huet een d'Gefill, dass d'Architekten an d'Promoteure warscheinlech ni do musse laanschtfuere, well et ass net schéin. A wéi kann een esou eppes bauen?

Och d'Diversitéit geet verluer. Déi Saachen, déi mer bauen, sinn aleatoire, kéinten iwwerall an der Welt stoen, do ass näischt méi, wat typesch lëtzebuergesch ass.

Gitt emol kucken - an Dir kennt där Beispiller jo. Ee Beispill hei, dat ass Esch, den Zentrum, d'Uelzechstrooss mat de Stroosse ronderëm, da kuckt Der eng Kéier erop amplaz erf. Déi fantastesch Fassaden, déi een do gesäit, dat ass herrlech, dat ass e Genoss fir d'A. A wann een da kucke geet, wat haut gebaut gëtt, pardon, dat ass kee Genoss fir d'A.

An ech wëll do nach ee Beispill soen, dat ass - wann Der Iech eng Kéier do verlaaft - zu Beeler an der Gemeng Wäiswampech, ech mengen, do ass eppes ganz Schlëmme verbrach ginn. Dat ass du jamais vu! Dat kënnt Der googelen.

Wat besser maachen? Wat hätt ee kënne maachen? Ma dat, wat an der Petitioun gefuerdert gouf: All Haiser, déi virun 1955 gebaut goufen, provisoersch ënner Schutz ze setzen. Wann een da wéilt ofzerappen, da misst ee fir d'éischt de Sites et monuments ëm Erlaabis froen. Et geet also net drëm, all déi Gebaier ze erhalen, mee déi Verwaltung da kucken ze loosse, ob se d'Haiser klasséieren oder d'Ofzerappen eeben erlaben. Dëst ass awer ofgeleent ginn an dat fanne mer schued. Dann hätt ee kënne higoen an deem Datum vun 1955 op der Säit loosse an einfach kënne soen: Ma all d'Haiser si geschützt, bis de Sites et monuments d'Erlaabis gëtt, fir et ofzerappen. Dat wier e staarkt Zeeche gewiescht fir de Patrimoine.

Zum Schluss: Dëst Gesetz bréngt leider net den néidege Paradigmewissel. Et sinn eng Partie Verbesserungen dran, jo, mee am Kär wäert sech eleng mat dësem Gesetz net vill veränneren. Et geet net wäit genuch. An d'Madamm Rapportrice huet an engem Artikel e Samschden dat och an hirer Konklusioun uklänge gelooss. Do stoung geschriwwen: „Auch wenn das neue Gesetz die Weichen stellt, kann es den Erhalt unseres Kulturerbes nicht alleine gewährleisten. Hierzu braucht es nämlich auf lange Sicht materielle und politische Unterstützung“ an esou weider an esou fort.

D'Gesetz geet net duer. Dat wësse mer alleguerten. An duerfir soen ech, et ass am Fong en zahnlosen Tiger a verschidden Denkmalschützer, déi nennen et souguer

en Alibigesetz. Et ass e Gesetz vun de verpasste Chancen. An och wann et eng Partie Verbesserungen bréngt, wat eis drun hënnert, fir dergéint ze stëmmen, sou wäert dat derzou féieren, dass mer et net wäerte matdroen an dass mer eis wäerten enthalten.

Ech hunn dann nach eng Motioun hei matbruecht, well mer op e Problem opmierksam gi sinn, dee besteet, wat eisen Denkmalschutz a wat eise Patrimoine betrëfft. An zwar gëtt et hei a Lëtzebuerg keng Statistiken, wéi vill Haiser ofgerappt ginn. A mir géifen hei an där Motioun fuerderen, dass d'Regierung, dass d'Administratiounen esou eng Statistik féieren, wou einfach agedroe gëtt, falls iergendwou e Gebai ofgerappt gëtt, an dann och probéieren, eeben dran ze schreiwen - wann dat méiglech ass -, aus wéi enger Zäit dat ass, an dat dann och reegelméisseg esou publizéieren, fir dass mer en Iwwerbléck kréien, wéi vill vun de Gebaier hei am Land ofgerappt ginn an all deene Joren, och grad déi, déi elo kommen an deenen zéng Joer, bis den Inventaire fäerdeg ass.

Ech soen Iech Merci.

## Motion 2

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, dass*

- *d'Erhale vun existéierender Bausubstanz eng wichteg Roll spillt, an dat souwuel am Kontext vum Denkmalschutz wéi och um Wunnengsmaart an am Interessé vun enger nohalteger Entwécklung vun eisem Land;*

- *et aus dëse Grënn wichteg wier, iwwer Statistiken iwwert d'Demolitioun vu Bausubstanz ze verfügen an esou den Afloss dovun op déi verschidde Beräicher kënne anzuschätzen;*

- *d'Regierung, respektiv d'Administratioun bis elo keng statistesch Donnéeën erhieft zu der Unzuel un ofgerappte Gebaier am Land (cf. parl. Fro N° 2977 vum 12. Oktober 2020);*

- *och keng Donnéeën iwwert den Alter vun den ofgerappte Gebaier virleien,*

*fuerdert d'Regierung op,*

- *statistesch Donnéeën ze erhiewen iwwert d'Unzuel vun ofgerappte Gebaier, wa méiglech pro Gemeng;*

- *souwäit wéi méiglech den Alter vun dëse Gebaier an enger Klassifizéierung duerzeleeën;*

- *dës statistesch Donnéeën reegelméisseg ze verëffentlechen.*

*(s.) Fred Keup.*

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Keup. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) |** Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt emol merci der Rapportrice fir all hir Aarbecht iwwer all dës Zäit, an de Rapport natierlech. E Merci och all deenen, déi all déi Joren un dësem Gesetz matgeschafft hunn an deene sëllege Ministèren an um Terrain natierlech och, virun allem am Kulturministère natierlech.

De Patrimoine war laang zu Lëtzebuerg vernoléisseg a war souguer méi oder manner inexistent, wann een d'Gesetzestexter kuckt, déi de Schutz vun erhaltenswäerte Gebaier oder vun archeologesche Fouillé gereegelt hunn. An dat war absolut onverantwortlech an engem Land, dat iwwert déi lescht Joerzénge esou séier an esou vill gewuess ass.

Onheemlech vill Patrimoine ass einfach néiergemaach ginn, well et kee staarke gesetzleche Kader gouf, fir de



Patrimoine ze schützen. Dat ass och vläicht ee Grond, firwat och laang zu Lëtzebuerg net iwwert de Sujet diskutéiert gouf. Et gouf einfach keng Denkmalschutzkultur.

Mat deem hei Gesetz, wat elo um Dësch läit, ännert dat sech. Et ass e groussen Text, deen endlech all Dispositiounen am Beräich Denkmalschutz op enger Plaz zesummeffléisse léisst: International Konventiounen, Gesetzter, Reglementer an esou virun an esou weider ginn an engem kohärenten Ensemblé lissibel gemaach. Mir als Lénk begreissen dat.

Deen éischte Patrimoine, mat deem den Text sech befaasst, ass de Patrimoine archéologique. An do gëtt et direkt eng ganz grouss Neierung, déi sougenannten Archéologie préventive. E gëtt endlech gesetzlech verankert. Et geet hei drëms, dee Patrimoine ze schützen, deen nach am Buedem vergruewe läit. Et kënnt nämlech vir, dass Bauaarbechter zu Lëtzebuerg op verstoppte Schätz stoussen, an da gëtt et komplizéiert. Da kënnt e Baustopp a vill Unsécherheet. Mat deem hei Gesetz gëtt fir d'éischt gekuckt, ob de Buedem wäertvolle Patrimoine verstoppt oder net. An dat schafft Rechtssécherheet a schützt de Patrimoine.

Da kënnt de sougenannte Patrimoine architectural. Do gëtt et elo endlech en Inventaire fir de Patrimoine architectural, deen op wëssenschaftleche Krittäre berout a fir deen et just eng Prozedur gëtt. Och kënne elo architectural Ensembles geschützt ginn, wat virdrun net de Fall war. Mir begreissen och d'Kreatioun vun engem Fond fir dese Patrimoine, well dat erlaabt och, Finanzementer iwwer méi e laangen Zäitraum ze plangen.

Den drëtten Volet ass de Patrimoine mobilier. Dat si Biller, Miwwelen an esou weider. Hei gëtt och d'Prozedur fir de Klassement vereinfacht an, ganz wichteg: Et gëtt e richteg System agefouert, deen d'Zirkulation vun deem Patrimoine seriö reegelt.

Véiertens gëtt an deem Gesetz e Patrimoine immatériel gesetzlech verankert, well Bräich oder verschidden Handwierker zum Beispill gehéieren och zum Patrimoine.

Dat Gesetz bréngt also eng Rei Verbesserungen, déi maachen, dass de Patrimoine zu Lëtzebuerg endlech effikass gëtt. Dat kënne mir nëmme begreissen! Mat deem Gesetz kritt den Denkmalschutz de selwechte Stellenwert wéi den Natur- an Ëmweltschutz. Et muss een awer och ze bedenke ginn, dass et héich Zäit gouf, fir dem Patrimoine endlech déi Platz ze ginn, déi him zousteet.

Duerch déi schwaach gesetzlech Basis, déi de Patrimoine zu Lëtzebuerg bis haut hat, ass och scho vill Patrimoine zerstéiert ginn. Et geet awer net drëms, aus Lëtzebuerg e Musée ze maachen an all ale Steen fir helleg ze erklären. Mee dozou soen ech duerno méi.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, firwat ass et also wichteg, de Patrimoine ze schützen? Et geet net just drëms, al Gebaier ze erhalen, well se schéi sinn. Et geet net just drëms, bei Gebaier ze pilgeren oder duerch Muséeën ze spadséieren, well et sech ëm Patrimoine handelt. Et muss een de Leit de Patrimoine méi no bréngen - och dat gouf scho gesot haut -, hinnen erklären, wat e bedeit, wat en iwwert eis seet, firwat mer eis domadder mussen auserneesetzen.

De Patrimoine hëlleft d'Geschicht erzielen, Geschichten ze erzielen an dat aus ville verschiddene Perspektiven eraus. Hie weist eis, dass d'Äntwert ni schwaarz oder wäiss ass. Dofir gehéieren Héichiewe genauso zum Patrimoine wéi e Schlach. Dofir gehéieren d'Péckvillercher genauso dozou wéi e Bild vun engem groussen Moler. Dofir gehéiert eventuell och en aalt Bauerenhaus dozou. De Patrimoine gehéiert

eis all an e schwätzt vun eis all, vun deene groussen Leit a vun deene sougenannte klengen Leit. De Patrimoine ass déi zäitlech Bréck tëscht deem, wat war an tëscht deem, wat ass. De Patrimoine ass also déi Bréck tëscht gëschter an haut.

Mee dofir muss een net alles schützen, eebe just, well ee vun där staatlecher Approche vum Patrimoine, déi dra besteet, ze schützen an ze erhalen, muss ewechkommen. Dat ass nämlech eng Approche, déi keng Interaktioun erméiglecht, well se de Patrimoine op e Podest stellt. Et stellt een eng Distanz tëscht dem Patrimoine an de Leit hier an esou verfeelt een eigentlech den Zweck vun dem Denkmalschutz.

Ech begreissen dofir, dass dëst Gesetz sech un enger méi progressiver Definitioun vum Patrimoine inspiréiert, nämlech déi aus der Faro-Konventioun. Dës Definitioun leet nämlech de Wäert op d'Ausernesetze mam Patrimoine. D'Faro-Konventioun gesäit de Patrimoine dann och an enger Evolutioun, als en Objet, deen ee muss studéieren an ënnert deem een an enger stänneger Ausernanersetzung muss sinn.

Esou bréngt eis d'Schütze vum Patrimoine och effektiv eppes. Esou kann een de Patrimoine als Kreatiounsquell notzen a wierken, esou wéi et och an der Faro-Konventioun steet. Esou garantéiert een och, dass de Patrimoine en Thema ass fir jiddereen. Allze oft gesi mer nämlech, dass Monumentspatrioten den Denkmalschutz fir sech selwer accaparéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll dofir och op e Saz aus dem Avis vun der Commission des sites et monuments opmierksam maachen. Hei gëtt nämlech kuerz gesot: « un énorme travail de sensibilisation reste à faire dans le domaine de la reconnaissance de la valeur du patrimoine culturel ». Ech mengen, dass dat wouer ass.

Dëst Gesetz ass e ganz gudden Ufank, fir eng richteg Kultur vum Denkmalschutz zu Lëtzebuerg an d'Weeër ze leeden, mee et braucht ee méi. D'Schoule mussen hir Roll do spillen, d'Associatiounen natierlech och am Beräich vum Denkmalschutz, de Kulturministère souwiesou.

Et ass wichteg, dass dës Sensibilisatiounsarbecht gelescht gëtt, fir dass een de Patrimoine méi no un d'Leit bréngt. Dat gesot, gëtt déi Lénk natierlech deem Gesetz seng Zoustëmmung. Villmools merci.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, u sech och vu mir e groussen Merci un d'Rapportrice fir deen ausféierlechen an edukative Rapport. Ech mengen, dass et ëmmer wichteg ass, dass ee grad bei esou komplexen an esou groussen Gesetzesprojeten an d'Déift geet a sech och Zäit hëlt, dat ze erklären.

Jiddereen vun eis hei stoung wuel schonn eng Kéier virun engem ale Gebai oder op enger Plaz mat Spuere ganz wäit aus der Vergaangenheet an huet sech virgestallt, wéi d'Mënschen deemools genee do, wou ee selwer grad steet, eng Kéier gelieft a geschafft hunn. Dat ka ganz beweegend sinn. An da kënnt och séier de Gedanken, ob aner Generatiounen méi wäit an der Zukunft sech iergendwann och eng Kéier un eis erënnere wäerten a probéiere sech virzustellen, wéi et war zu eiser Zäit oder zu där vun eise Grousselteren ze liewen.

Während et un Objeten a Gebaier aus der aktueller Zäit natierlech nach net mangelt, ass dat bei den Objete

vun eise Grousselteren schonns anescht. A vun den Urgrousselteren ginn et oft nach vill manner Spueren. Engersäits ass dat sécher normal, well d'Zäite sech nun emol veränneren, mee wa mer wëllen, dass zukünftige Generatiounen d'Geschicht net just nach iwwer Fotoen erliewe kënnen, dann ass et wichteg, dass mer de Patrimoine och aktiv schützen.

Mir liewen nämlech aktuell an enger Zäit, an där extreem vill gebaut, mee och produzéiert a gläichzäiteg och extreem vill ewechgeheet oder ofgerappt gëtt. Dat ass eng reell Bedroung fir de Patrimoine an duerfir freeë mer eis, dass mam virleienden Text soll eng gesetzlech Basis geschafft ginn, fir den Denkmalschutz zu Lëtzebuerg ze verbessern.

Gläichzäiteg soll dëst Gesetz et erlaben, an Zukunft méi systematesch archeologesch Analysen an Ausgruewungen ze maachen, fir iwwerhaupt emol ze entdecken, wéi vill Spueren aus der Vergaangenheet zu Lëtzebuerg nach ze fanne sinn. An och dat ass en Zil, dat mer absolutt ënnerstëtzen.

Mir deelen also der Majoritéit hir Astellung, dass e Gesetz iwwert de Patrimoine culturel dréngend néideg ass. Mee d'Fro ass awer, ob d'Gesetz an där Form, déi haut zum Vott steet, och dat hale kann, wat et verspricht. An do hunn ech awer ganz e bësse meng Zweifel. Ech gesinn hei kee groussen Paradigmewissel, deen eng breet Protektioun vum Patrimoine wäert assuréiere kënnen, mee éischer en Text mat enger ganzer Rei dach awer Onkloerheeten, dee riskéiert, ongeplangten Nieweneffekter kënnen ze hunn.

Ee vun dësen Nieweneffekter kéint - ech soe kéint, well et ass ze fréi, fir dat ze wëssen -, eng Hausse vun Immobiliepräisser sinn, an dat ausgerechent an enger Phas, déi mer als Logementskris bezeichne mussen. Mir därefe schlisslech net vergiessen, dass mer hei eng Gesetzespropos virleien hunn, déi awer Käschte fir d'Maîtres d'ouvrage mat sech brénge kënnen, wann et drëms geet, archeologesch Ausgruewungen ze finanzéieren.

Wien en Terrain bebaue wëllt, deen an enger Zon läit, déi bis elo net bebaut ass, soudatt net ausgeschloss ka ginn, dass archeologesch Püchen am Buedem ze fanne sinn, wäert gezwonge ginn, en Deel vun de staatlech ordonnéierten Ausgruewungen ze bezuelen. An déi sinn - dat kann ee sech denken - net ëmmer bëlle.

Do kënne gutt a gären e puer Honnerttausend Euro zousätzlech fir de Bauhär ufalen, jee no Gréisst vum Terrain. Et ass net unzehuelen, dass dës Käschten einfach vum Gewënn vum Verkeefer ofgezu ginn. Nee, déi wäerte wuel duerch eng Hausse vum Verkaufspräis awer iergendwou erëm ausgeglaach ginn.

Esou eng Dispositioun also grad während an enger Logementskris an engem Gesetz ass awer e bësse gewot. Sollt d'Gesetz gräifen an zukünftige systematesch Ausgruewungen gemaach ginn, wäert de Präis op Neibaute steigen. Dat ass eng mechanesch a logesch Geschicht. Natierlech kann et awer och sinn, dass d'Zon, déi fir Ausgruewungen definéiert gëtt, duerno esou kleng ass, dass just ganz wéineg Bauprojeten drënner falen, mee da verfeelt d'Gesetz jo awer och erëm iergendwou säin Zil. Hei si mer der Meinung, dass d'Part, déi de Staat finanziert, definitiv gehéicht kéint ginn, well dës Investissementer net nëmme beim Patrimoine, mee, wéi gesot, och beim Logement géifen hëllefen.

En anere Problem, dee mer an deem Text gesinn, ass deen, dass d'Iwwergangszäit, an där Gebaier aus dem Inventaire klasséiert solle ginn, bei zéng Joer läit. Natierlech ass eis bewosst, dass esou en ëmfaassende Projet net vun haut op muer ëmzesetzen ass. Mee mat enger esou laanger Iwwergangszäit si fir all d'Acteuren um Terrain a besonnesch fir Propriétaire



vun Haiser, déi um Inventaire gelëscht sinn, awer nach Onkloerheete verbonnen.

Mir hoffen duerfir, datt den Dialog mat de Proprietären an och der Zivilgesellschaft wäert gesicht ginn, fir net an enger Situatioun ze endegen, wou d'Leit net wëssen, wat virgeet an d'Gefill hunn, datt éiweg näischt geschitt an dann op eemol ganz séier alles iwwer hire Kapp géif ewech entscheet ginn. Et ass e Gefill, et ass net dat, wat um Terrain ëmmer geschitt, mee et ass eppes, wat d'Leit heiansdo spieren.

Insgesamt géife mer also duerfir och wënschen, datt d'Zivilgesellschaft nach méi breet géif an den Denkmalschutz agebonne ginn. Grad do hu mer nämlech an der Vergaangenheet gesinn, datt et en Thema ass, datt awer ville Mënschen um Härz läit, wou sech vill Leit aktiv abréngen, wou Associatiounen gegrënnt ginn, wou Leit sech engagieren, fir entweeder an hirem Duerf oder och national Denkmalschutz no vir ze dreien.

Leider waren déi Echangingen an der Vergaangenheet - an et huet ee jo ëmmer d'Hoffnung fir d'Zukunft, datt et do besser geet - dach grad bei gréisseren Projeten ëmmer e bësse limitéiert. Meeschtens goufen Associatiounen an engagéiert Bierger erëischt da gehéiert, wann d'Baupläng schonn all virloochen an de Bagger gerullt ass, deelweis och, well se erëischt dann, wann de roude Punkt do houg, wossten, datt iwwerhaupt eppes géif geschéien. Well dann ass et schliisslech jo och vill méi einfach, de Leit ze soen, datt ee si versteet an hir Fuerderungen och novollzéie kéint, während een déi praktesch Ausried, datt et elo awer leider schonn ze spéit ass, direkt bei Hand huet. D'Gemeng huet d'Autorisatioun ginn, et ass näischt méi ze maachen.

Grad op de Gemengen, wou ee méi no un de Leit ass, kéint een d'Biergerinnen an d'Bierger besser abezéien. Mee fir datt d'Gemengen deem wichtige Rôle, dee si dem Gesetz no am Denkmalschutz hunn, och gerecht kënne ginn, brauche se méi Ënnerstëtzung.

Wann ech am Rapport liesen, datt et néng verschidde Gemengen am Land gëtt, vun deene Sites et monuments seet, datt de Patrimoine bâti bei der Erstellung vum PAG net convenablement protégéiert ginn ass, da mécht dat mir awer Suergen. Feeler beim Denkmalschutz si schliisslech och net esou einfach réckgängig ze maachen. Wann e Gebai bis ofgerappt ass, dann ass et fort. De Staat dierf d'Gemengen do net eleng loossen a muss hinne besser Outilen an Informatiounen un d'Hand ginn.

Oft gi Gebaier, déi klasséiert kéinte ginn, guer net mutwëlleg ofgerappt, mee deelweis och aus Onwëssenheet, well deene Concernéierte guer net bewosst ass, wat se do viru sech stoen haten. Hei brauche mer also méi Sensibiliséierung, an dat souwuel, wat d'Proprietäre vun Haiser ugeet, wéi och wat d'Besëtzer vun alen Objete betrëfft, déi iwwert dëst Gesetz jo och besonnesch geschützt kënne ginn.

Wann en aalt Gebai dann awer ofgerappt muss ginn, well verpasst gouf, et fréi genuch ze klasséieren oder well et net anescht gaangen ass, géife mer eis wënschen, datt een der Fuerderung vum Mouvement patrimonial géif nokommen an den Depot fir al Bauelementer géif an d'Liewe ruffen.

Lëtzebuerg huet en extreeme Bauschuttproblem a gläichzäiteg sinn eng ganz Rei al Bauelementer vill ze schéin, fir se einfach op den Tipp ze werfen. Steng, Dieren, Fënsteren oder aner Materialie kéinte gelagert an an zukünfte Projeten nees verwäert ginn. Circular Economy léisst gréissten. Esou kéint also Material gespuert ginn an d'Verbindung vun neien an ale Materialie kéint interessant nei Bauwierker ervirbréngen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Gesetz ass grouss an ech hat bei Wäitem net Zäit, op all Punkten anzegoen. Ech wäert dat och elo mam Rescht vu menger Riedezäit sécher net hikréien. Ech wäert mech dofir just nach op ee weidere Punkt limitéieren, e Punkt, deem awer extreem wichteg ass an och matbestëmmt, firwat mer de virleienden Text haut net matdroe wäerten an eis enthale wäerten. An zwar geet et hei ëm d'Kontradiktioun tëscht dem Usproch, e Gesetz geschriwwen ze hunn, wat et de Proprietäre vun denkmalsgeschützten Haiser soll erlaben, gewëssen Ännerungen un hiren Haiser virzehuelen, a gläichzäiteg d'Definitioun vun der Authentizitéit vun engem Gebai zum zentrale Krittär mécht fir seng Protektioun.

Ech liesen hei eemol, Zitat: « Pour pouvoir être inventorié comme bien immeuble susceptible de faire l'objet d'un classement comme patrimoine culturel national, un bien immeuble doit être authentique pour avoir connu peu de modifications et avoir gardé des éléments de son époque. » A gläichzäiteg heescht et am Exposé des motifs (veuillez lire: an de Considérations générales am Rapport écrit), Zitat: « Il convient de noter également que les restrictions apportées aux droits des propriétaires par le présent projet de loi sont à leur tour limitées par l'accent mis sur la valorisation, c'est-à-dire par la possibilité d'effectuer des adaptations en vue d'une utilisation des immeubles. »

Fir sech gekuckt sinn dat zwou luewenswäert Iddien, mee wéi d'Valorisatioun duerch Adaptatioun an Authentizitéit duerno zesumme sollen e stabile gesetzleche Kader bilden, ass mer awer net ganz kloer. Wann ech mer also en aalt denkmalsgeschützttend Haus kafen, dann hunn ech jo d'Recht, Ännerungen un dësem Haus virzehuelen, wann ech eng Demande duerfir maachen. A fir eng Rei Aarbechte kann ech souguer nach e Subsid kréien, dësem Gesetz no. A wann ech meng Subsiden dann all kritt hunn, da kéint ech eng Demande de déclassement maachen an da wäert bei der Analys vu mengem Dossier zimmlech séier festgestallt ginn, datt mäin Haus de Krittär vun der Authentizitéit net méi erfëllt. Ech hu jo schliisslech elo massiv Ännerunge konnte maachen an da kéint et nees deklasséiert ginn.

Falls deem esou wär, si mer eis, mengen ech, awer all eens, datt eppes net stëmmt. Hei muss a mengen Aen dréngend nach emol iwwert de Krittär vun der Authentizitéit vun engem Gebai nogeduecht ginn. An ass et iwwerhaupt esou wichteg, datt e Gebai wéineg Modifikatiounen erlieft huet?

Ee vun de Krittären aus dësem Text - an da kommen ech zum Schluss, Här President -, déi Gebaier zousätzlech zu der Authentizitéit kënne schützenswäert maachen, ass ënner anerem jo och de Fait, datt et Biens sinn « ayant connu des transformations au cours du temps et qui témoignent de l'évolution du bâti en affichant des unités stratigraphiques, caractéristiques pour différentes époques ». Wéi dat elo awer soll goen, datt wéineg Transformatiounen a vill Transformatiounen au cours du temps zesummen an engem Gebai ze fanne sinn, bleift a mengen Aen eng vun de groussen Onkloerheeten. Hei bleift vill Sputt fir individuell Aschätzungen, an ech mengen, dat bitt net déi Sécherheet, déi mer vun engem neie Gesetz ze erwaarden haten.

Ech denken duerfir, datt de virleienden Text, sou gutt e vläicht op anere Punkten ass, an de Kapitelen iwwert de Schutz vu Gebaier nach besser kéint sinn. An duerfir wäerte mer eis haut enthalen, well mer och d'Repercussiounen op d'Zukunft nach net kënnen ofschätzen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Kulturministresch Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

### *Prise de position du Gouvernement*

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture** | Jo, Här President. „Die Denkmalpflege ist ein Lehrstück des Lebens, eine Zerreißprobe der Nerven, ein Kampf mit Windmühlen und ein Baum der Erkenntnis. Denkmalpflege wird nicht gelehrt; sie ist ein Bad, in welches man geworfen wird.“ Esou ass et mer op d'mannst déi éischt Méint am Ministère méi wéi eng Kéier gaange mat dësem Dossier.

Ech mengen, verschidde vu menge Virgänger, déi heibanne sinn, warscheinlech och. An et ass en Zitat vum Bernhard Anderes, engem Schwäizer Konschthistoriker an Denkmalpfleger aus dem 20. Joerhonnert. An ech sinn der Meenung, dass dat Schicksal do vill Leit deelen, déi heiranner schaffen. An et geet eigentlech drëm - an dat ass jo haut och ganz vill ugeklungen -, dass mer den Denkmalschutz natierlech valorisieren, eise Patrimoine valorisieren, dass mer op där anerer Säit och eng gewësse Rechtssécherheet schafen, déi haut souwuel bei den Immeubles wéi och bei der Archeologie déi eng oder aner Kéier awer vläicht e bësse feelt.

Ech kommen elo am Laf vu menger Interventioun nach op déi eenzel Remarken zrëck.

Ech wollt awer direkt uganks eng Kéier soen - well et jo hei awer e bësse geheescht huet, wéi wann net vill géif protégéiert ginn oder wéi wa mer eng Zerstörungswut hätten zu Lëtzebuerg -: Mir haten eng Verduebelung vun den national geschützten Gebaier an de leschten zéng Joer. Dat heescht, mir hunn déi lescht zéng Joer scho ganz vill Efforte gemaach. A wann ech Iech eleng d'Zuele vun dem leschte Joer ginn, do hu mer d'COSIMO, well och do jo ëmmer erëm dovunner rieds geet, wéi vill dass d'COSIMO mécht oder net mécht. D'COSIMO huet eng iwwer 100 Protektionsdossieren d'lescht Joer ofgeschloss. Dat heescht, et sinn eleng d'lescht Joer och iwwer 140 Gebaier geschützt an 150 neier ugefaange ginn.

Also ech sinn op alle Fall frou, dass mer eis elo haut deen heite Kader kënne ginn, ëmsou méi well en op eng laang Preparatiounsaarbecht zrëckgeet. An et ass awer ..., et ass mer esou wichteg, dass ech dat awer och hei nach eng Kéier wëll ënnersträichen. Et ass ugeklungen, mee deen Text hei huet eng Rëtsch Ulafterproblemer gehat. En huet eng grouss Preparatiounsaarbecht gebraucht an ech sinn duerfir ëmsou méi frou, dass mer et doduerjer elo fäerdegbruecht hunn, duerch all déi Viraarbechten, déi gelescht gi sinn, haut mat engem relativ breede Konsens mat e puer Ausnamen deen Text hei kënne stëmmen.

No engem éischte Gesetzesentwurf, dee viru méi wéi 20 Joer hei deposéiert gouf - do gesäit ee, wéi laang mer schonn iwwert dee Sujet hei schwätzen a wéi laang mer eis och scho bewosst sinn, dass mer déi Saach mussen ugoen -, ass dunn den Dossier erëm opgeholl gi mat enger Etüd iwwert den Droit du patrimoine culturel vum François Desseilles, an déi ass 2013 am September ofgeschloss ginn. Dat war ënnert der Opsicht vun der Madamm Modert. Do goufen et och éischt Accisé vum Patrimoine am Joer 2014. An et gouf en Aarbechtsgrupp mat all den Acteuren: Kulturministère, wou de Guy Arendt sech drëms bekëmmert huet, wou och eenzel Associatiounen, Gemengen, Ministären, well dat hei betrëfft net just de Kulturministère - och dat ass jo schonn e puermol ugeklungen -, an dee kouw eng sëllege Kéieren zesummen.

Dann hate mer international Konventiounen, déi mer hei gestëmmt hunn, deene mer och an dësem Text



Rechnung droen. Mir haten eng Petitioun, déi debatéiert gouf. An ech profitéiere vläicht vun deene Remarken, déi derzou gemaach goufen, zu där Petitioun, fir déi Leit, déi dee Moment vläicht nach net dobäi waren, déi awer elo haut dozou intervenéiert sinn, drun ze erënneren: Et gouf schonn eng Kéier en Ulaf, fir esou e breede Filet op eis Gebaier ze leeën. Dat war eeben de Projet 4715, an dee wollt all Gebai, wat virum 1. Januar 1914 gebaut gouf, ënner Denkmalschutz stellen, also provisoiresch op den Inventaire stellen.

Do huet de Staatsrot awer mat Opposition-formellen drop reagéiert weinst Insécurité juridique, weinst engem ze héijen Aarbechtsopwand, weinst dem Arbitraire, deen dat och bedeit. Duerfir ass dat net nach eng Kéier zrëckbehale ginn. Mir hunn och nach eng Kéier beim Kadaster nogefrot, ob et méiglech wär, dat ze retracéieren, an ob et méiglech wär ze soen, all Gebai, wat virum Datum 1945/1950 gebaut gi wär ..., ob een dat kéint esou an den Text fixéieren, dass déi d'office géifen ënner Denkmalschutz falen. An och do krute mer gesot, dass dat vusäite vun dem Kadaster net sécher retraçabel wär. Or, mir wëlle Rechtssécherheet - hätte mer domadder net kritt. An op déi kreativ Proposition, fir einfach all Gebai hei am Land ënner Denkmalschutz ze stellen, ginn ech elo, mengen ech, net an, esou vill Zäit hunn ech net.

Eppes, wat extreem wichteg ass, dat ass, dass mer hei ... Mir hunn elo vill vum Patrimoine immobilier geschwat, mee mir ginn hei der Definition „Patrimoine culturel“ e breede Sënn. Et ass eng global Definition. « Toutes les ressources héritées du passé et ce sous toutes ses formes et tous les aspects à la fois tangibles et intangibles. Ainsi sont notamment inclus : les monuments, les sites, les paysages, les savoir-faire, et les expressions de la créativité humaine, ainsi que les collections conservées et gérées par des organismes publics et privés, des musées, les bibliothèques et les archives. »

De Patrimoine culturel, dat sinn also all déi Elementer, déi eis aus der Vergaangenheet iwwerdroe goufen. An d'ailleurs reflétéiert deen däitschen Term fir „Patrimoine culturel“ dëst ganz gutt mam „Kulturerbe“ an englobéiert also net nëmmen de Patrimoine, den Immobilier, mee eeben och den Archeologie, de Mobilier an den Immatériel. An och hei gëtt de Patrimoine culturel als dynamesch definéiert, also eppes, wat sech konstant weiterentwéckelt, wat sech vergréissert, wat sech erweidert. Dass d'Erhale vu kulturellem Ierwen Deel ass vun der Entwécklung vum Mënsch a vu senger Liewensqualitét an e Bäitrag ass zu der nohalteger Entwécklung an der Promotioun vun der kultureller Diversitéit, och dat ass e wichtige Message aus dësem Text.

An dann, dass d'Recht op e kulturellt Ierwen en inhärent Recht ass, fir um kulturelle Liewen deelzehuelen, wéi och an der Déclaration universelle des droits de l'homme virgesinn.

Mir fixéieren also hei elo en eenheetleche Kader fir déi verschidde Forme vu kulturellem Ierwen: archeologesch, architekturel, mobilier an immatériel. All fanne se elo hei hir Plaz an engem Text, an dat huet och mat sech bruecht, dass mer aner Texter hu missen abregéieren.

Och dat internationaalt an europäesch Recht - wou mer vläicht e bëssen hannendra waren an den Transpositionen, fir dat och hei virzugesinn - gëtt hei integréiert mat véier internationale Konventionen, zwee europäesche Reglementer an enger Direktiv. D'Reegele fir de Schutz vum kulturellem Ierwe gi moderniséiert a méi kohärent ausgeschafft, an dëst och notament duerch d'Introduktioun vun dem

Prinzip vun der Archéologie préventive, wéi et an der La-Valetta-Konventioun virginn ass, mee och zum Beispill duerch eng méi kohärent a rechtssécher Aart a Weis, fir dat gebauten Ierwen ze schützen.

D'Zil vun dësem Projet ass et ganz kloer, fir d'Conservatioun an d'Erhale vum kulturellem Ierwe besser ze garantéieren an un déi nächst Generatioun weiterzeginn. De Schutz vum kulturellem Ierwen an och den einfache Gebrauch dovunner ass Deel vun der Politik vun enger nohalteger Entwécklung, déi dëser Regierung wichteg ass. Och ass et wichteg, eist kulturellt Ierwen ze erhalen, well et eis räich a villschichteg Geschicht, Identitéit a Valeur widderspigelt. An dat kulturellt Ierwen ass och e wichtige Facteur vum Zesummenhalt an eiser Gesellschaft.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng), rapportrice | Très bien!

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture | Patrimoine archéologique: Et ass schonn ugeklongen, wéi déi Archéologie préventive soll gemaach gi mat deene faméisen Zones d'observation archéologiques, d'ZOA. D'ZOA ass eng Zon, wou mer wëssen, dass se archeologesch Sitten enthält oder susceptibel ass, dës ze enthalten. Et sinn also ausgeschloss: klasséiert archeologesch Sitten, Sites archéologiques, déi duerch Fouillé scho komplett zerstéiert sinn, an Terrainen, déi bis zum archeologeschen Niveau amenagéiert sinn, zum Beispill e Parking.

De Projet vun der ZOA gëtt op Basis vum Inventaire du patrimoine archéologique an zesumme mat aneren Administratiounen wéi dem Kadaster oder der Ëmweltverwaltung ausgeschafft, fir dann och - an dat ass ganz wichteg, well et e puermol ugeklongen ass - d'Participatioun mat anzubannen, fir no enger Procédure d'enquête publique an engem RGD (ndlr: Règlement grand-ducal) delimitéiert ze ginn. An och hei kënn eeben eng numeresch Plattform, esou dass jiddweree kann en Accès dorobber hunn.

Et ass also och en dynamescht Instrument, wat weiterentwéckelt gëtt. An da gëtt et an deenen ZOAn, eng Sous-zone, déi sougenannten onbekannten Zon, wou et weeder konkret Donnée gëtt, dass archeologesch Iwwerreschter do sinn, nach konkret Donnéeën, déi ausschléissen, dass eppes do ass. An och hei, an och dat ass immens wichteg, gëtt et Dispensen. Dat heescht, déi Suerg, dass elo alles géif schrecklech komplizéiert ginn - ech kommen och nach op d'Prozedur zrëck -, déi ass net ginn, well Aarbechte mat enger Emprise au sol ënner 0,3 Hektar a manner wéi 0,25 Meter Déift, zum Beispill e Gaardenhaischen, wäeren hei net mat dran. Beim PAP „nouveau quartier“ mat enger Surface ënner engem Hektar och net. An dann urgent Aarbechte vun Assainissement vu Stroossen, och déi sinn ausgeholl.

Zil ass et, ganz kloer, dass ee kann eng Previsibilitéit kréien, dass ee genau weess wéi laang et dauert, bis een eng Autorisatioun kritt a wat geschitt, wann ee keng kritt. Duerfir hu mer och fix Delaien dragemaach. Bannent 30 Deeg no der Demande d'évaluation, muss dann eng Prescriptioun gemaach ginn. Entweder gëtt gesot, et muss eng Opération de diagnostic archéologique gemaach ginn oder eng Opération de fouille archéologique. An dës Prescriptioun gëtt duerch spezialiséiert Firmen ausgefouert. Jo, et gëtt där vläicht nach net esou vill de Moment zu Lëtzebuerg, mee och dat ass wéi bei allem, d'Offer an d'Demande, dat kennt Der alleguerten - esou dass mer iwwerzeegt sinn, dass dat sech do wäert do matzéien. Da kann um Enn vun der Evaluatiounsprozedur d'Ministesch, de Minister eng Levée vun der Contrainte archéologique ginn, an et gëtt eeben eng Rëtsch Garde-fouen. Silence vaut accord: Dat heescht, wann de Minister net no 30 Deeg

äntwert, dann ass eeben de Prinzip ginn, dass ee kann ufänke mat schaffen.

D'Demande d'évaluation kann och ausserhalb vun all konkreete Projet gemaach ginn. Och dat hëlleft, dass ee kann der Saach virgräifen an dass een, wann een de Moment wëllt bauen, prett ass, well et wäert sech näischt méi un der archeologescher Situatioun vum Terrain änneren, och net no fënnel Joer.

Weider ass déi maximal Durée pro opération archéologique op sechs Méint fixéiert a just an Ausnahmefäll kann d'un commun accord mam Aménageur eng nei Durée fixéiert ginn, am Fall vun enger exceptioneller Decouverte.

An zu den Tariffer, well hei ugeklongen ass, wéi wann elo all Bauprojet e puer Honnerttausend Euro kéint méi deier ginn. Och dat hate mer ganz laang an der Kommissioun thematiséiert.

Bei engem Sondage, wat 98 % vun den Operatiounen ausmécht, si mer bei engem Tariff vun ënner 10 Euro de Meterkaree. An et si just déi Fouillen, déi dann déi 2 % ausmaachen, déi natierlech kënne méi deier ginn. Hei kënnen effektiv méi héich Tariffer fälleg ginn. Dat ass ganz variabel, et hänkt vun der Gréisst vum Terrain of. An do ass et jo och dann esou, dass déi 50 % vum Staat iwwerholl ginn, eppes, wat et d'ailleurs bei Wäitem net an allen europäesche Länner esou gëtt.

Dann, an ech entschëllege mech schonn direkt, well ech wäert e bësse méi laang sinn, Här President, kommen ech bei de Patrimoine architectural. Mee et ass wichteg, nach op verschidde Saachen anzegoen. A ech wollt nach eppes zu dem Effektiv vum neien Institut national de recherches archéologiques soen. Mir wäerten dëst Joer op 50 Mataarbechter bei dem neien INRA kommen. 2018 waren et der 21, dat heescht, den Effektiv huet sech elo an deene leschte puer Joer méi wéi verduebelt, fir deenen neien Aufgabe gerecht ze ginn.

Zu dem Patrimoine architectural: Et ass schonn erkläert ginn, wéi den Inventaire soll gemaach ginn. Mir sinn dat all zesumme kucke gaangen. Dir hutt gesinn, mat wéi enger Begeeschterung déi Leit un déi Aarbecht eruginn, genau wéi och bei dem zukünftigen INRA.

Haut schaffen eelef Leit beim Service de l'inventaire, dräi weider Poste goufe geschafen an d'Inventaire vun de Gemenge Fiels, Fëschbech, Helperknapp, Miersch si fäerdeg, un deene vu Kielen, Lëntgen, Luerenzweiler gëtt den Ament geschafft.

Dann och nach zu der Prozedur vun dem Inventaire. Och hei ass esou bei verschiddenen Interventiounen ugeklongen, wéi wann dat géif laanscht de Bierger lafen. Informéiert Iech emol an deene Gemengen, wou dat dote passéiert! Am Moment ass jo Kielen zum Beispill, wou ganz aktiv geschafft gëtt. Do gi Videoe gemaach, da gi se bei d'Leit, se ginn eenzel schellen, si schwätze mat de Leit, si huele sech extreem vill Zäit, fir dann herno deen Inventaire opstellen.

Wann elo d'Gesetz a Kraaft trëtt, da gëtt deen Inventaire an enger effentlecher Prozedur diskutéiert, wou jiddereen, och d'Gemengen, kënnen hiren Avis derzou eraginn. An dann eréischt gëtt eng definitiv Decisioun geholl. Dat heescht, mir sinn hei wierklech an engem participative Prozess.

Nei derbäi kommen och d'Secteurs protégés d'intérêt national, dat heescht, dass e bësse méi breet ronderëm e wierklech fundamentaalt Element wéi elo e Schloss, eng Buerg, och nach d'Alentour kënne mat geschützt ginn.

Zwee Ziler probéiere mer, hei wierklech mat deem ganzen Text ze erreechen. An ech mengen och, dass



mer dat fäerdegbréngen. Et ass éischtens e méi kohärente Schutz, an deem mer kloer fixéiert Krittären hunn, déi fir all Gemeng d'selwecht sinn a méi eng grouss Rechtssécherheet, well wann den Inventaire an der Gemeng ofgeschloss ass, da weess all Bierger aus där Gemeng, wat mat sengem Gebai ass, wou e mat sengem Gebai drun ass.

Den Inventaire supplémentaire, och dat ass ugeklongen: Jo, dee gëtt duerch dëst Gesetz ofgeschaaft. Mee et ass eng Période transitoire virgesinn, an där all déi Gebaier, déi Stand haut um Inventaire sinn, geschützt bleiwen, bis dass den Inventaire, deen neien Inventaire, an där Gemeng gemaach ass. An da kënn se entweeder definitiv klasséiert ginn oder och eventuell net méi klasséiert sinn, wa se deene Krittären net entsprechen.

Och hei gëtt eng numeresch Plattform gemaach, soudass jiddwereen en Accès dorobber wäert hunn.

Et ass och e Filet de sécurité an där Transitionphas virgesinn, bis dass all Inventaire implementéiert ass. An allgemeng ass et esou, dass ... an do gëtt et vläicht och e klengen ... Ech muss och vläicht nach eppes preziséieren, mir hunn am Moment, an dat wäert och bestoe bleiwen, déi zwee Niveaue. Mir hunn dee kommunalen Niveau. All Gemengeresponsablen, all Gemengerot ass an der Responsabilitéit, och eppes zum Denkmalschutz bäizedroen. Dat mécht all Gemeng esou, wéi se et fir richtig hält. Iwwert de PAG huet all Gemeng déi Méiglechkeet, dat ze maachen.

Mir als Kulturministère iwwert de Sites et monuments maache just eng Evaluatioun. Mir ginn de Gemengen déi Informatiounen, wou mir der Meenung sinn, dat heite sinn déi Haiser, déi eise Krittären no, Potenzial hätten, fir geschützt ze ginn. D'Gemeng mécht duerno um kommunalen Niveau mat där Evaluatioun dat, wat si et fir richtig hält. Et muss een derzou soen: Wann d'Gemeng natierlech op de Wee geet, dat net ze schützen, ass herno ëmmer e Risiko, wann Der esou wëllt, wann Der dat als Risiko gesitt, dass de Bierger sech a Sécherheet wänt a mengt, d'Haus géif net geschützt ginn an e kéint et ofrappen, wann dat säi Wunsch ass, an dass herno awer duerch en nationale Klassemment, an zemools och elo mam Inventaire, déi Saachen dann awer national kënn geschützt ginn.

Dat heescht, et leeft am Moment op zwou Ebenen. Dat huet näischt mat Courage oder Willen ze dinn. Natierlech wäerte mir allegueren déi Saachen, déi ënnert déi Konditiounen falen an déi d'Prozedur duerchlaf hunn a wou sech dat alles dem Gesetz no afüügt, dee Moment dann och schützen. Mee d'Gemeng behält weider do hir Kompetenzen, fir och mat ze schützen.

Et bleift och eng individuell Klassemmentsprozedur, soulaang wéi mer dann elo net den Inventaire an där Gemeng hunn. Déi ass och vereinfacht a gëtt just nach iwwer Arrêté ministériel gemaach.

Zu den Zuele vum neien Institut national pour le patrimoine architectural: 2008 hu 14 Leit do geschafft, 2020 38 an dëst Joer gi mer op 45 Mataarbechter.

An och nach e Wuert iwwert d'Subventiounen. Hei bleiwe mer „à droit constant“. Dat heescht, dass bei deene Gebaier, déi geschützt sinn, kënn weider zu op d'mannst 50 % d'Renovatiounsaarbechten, déi am Sënn vum Schutz gemaach ginn, vum Kulturministère iwwer Sites et monuments matfinanzéiert ginn. Hei sinn iwwer 22 Milliounen reservéiert an am Moment ginn iwwer 600 Propriétaire bei esou enger Renovatiounsaarbecht begleet.

Et ass och vill geschwat ginn iwwert de Patrimoine mobilier. Och dat ass wichteg, dass mer eis endlech och do kloer Prozedur ginn, wéi eng Kulturgidder klasséiert kënn ginn, wéi déi Prozeduren oflafen a

virun allem, ganz wichteg, ënner wéi enge Konditiounen dës Kulturgidder och kënn verkaaft a oder net verkaaft ginn.

Da féiere mer och Garantien an, d'Garantie d'État, d'Garantie de restitution. Och dat si wichteg Saachen.

Leschte Patrimoine, deen heiriwwer couvriert gëtt: dat immateriellt Ierwen, zum Beispill d'Sprangpréssessioun, wou och dann eeben iwwert d'Kommissioun vum Patrimoine culturel en Avis kann ofgi ginn.

Ofschléissend wëllt ech bemierken, dass ech et ganz wichteg fannen, dass mer nieft dëse Reegele vum Patrimoine culturel och vum dësem Gesetzesprojet profitéieren, fir an der Sensibilisatioun iwwert de Patrimoine culturel weiderzekommen.

Verschidden Initiative gëtt et schon haut, wéi zum Beispill d'Journée européenne du patrimoine. Déi stinn dëst Joer d'ailleurs ënnert dem „sustainable heritage“, well ech si wierklech der Meenung, dass déi zwou Saachen extreem enk matenee ginn. Mir schaffen och enk mam Energieministère zesummen, fir ëmmer ze kucken, wat ee vun neie Mëtzel ka fannen, wéi een dat ka matenee verbannen, well et kann natierlech net sinn, dass doduerch, dass een an alen Haiser ass, een déi net och kann energeetesche sanéieren. Natierlech kann dat iwwer aner Weeër och geschéien. Mee dat eent schléisst dat anert net aus, au contraire.

Ech sinn der Meenung, dass Denkmalschutz extreem nohaltig ass, well mer manner doduerch ofbauen, well mer Saachen halen, well mer eis Ressourcé schounen, andeems mer dat, wat scho gebaut ass, fir nei Generatiounen nei notzen a mir kënnen dat och ëmbauen. Dat schléisst och den Denkmalschutz net aus. An och Denkmalschutz a Wunnengsbau ginn enk matenee. Dat weisen och déi sëllege Projeten, déi zum Beispill de Fonds du logement mat klasséierte Gebaier gemaach huet. Och a Gemengen, wou ech ganz flott Saache gesinn hunn, wou och Gemenge sech Méi gemaach hunn, fir klasséiert Gebaier ëmzefonctionéieren als Wunnengen. Kommt mir halen op, dat eent géint dat anert auszuspielen! Dat ass wierklech ..., dat ass net de Sujet. Dat ass definitiv net de Sujet.

Et gëtt och genuch Beispiller fir ze weisen, dass grad klasséiert Gebaier, déi maachen, dass ee se net kann ofrappen, déi maachen, dass een net kann zéng Stäck enzwousch hibauen, dass déi et erlaben, dass déi Gebailechkeeten zu engem abordabele Präis kënn weiderverkaft ginn, well et eebe gewosst ass, dass ee kee Profit kann doraus zéien, well se esou bestoe bleiwe vum Gabarit hier, wéi se dee Moment sinn. Do gëtt et genuch Beispiller. Ech ka mech erënneren, dass an der Stad Lëtzebuerg, déi Cité zu Hamm, déi mat deene klengen Haisercher, ganz ënner Schutz steet, zu Déifferdeng, wou den deemolege Buergermeeschter decidéiert huet, verschidden Haiser missten och esou bleiwen. Dat huet och en Impakt op de Kafpräis. Duerfir, dat schléisst dat anert net aus.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson**, Ministère de la Culture | An nach e Punkt zu de Subventiounen, well deen och ugeschwat ginn ass. De Patrimoine industriel ass extreem wichteg, wann een d'Vergaangenheet vun eisem Land kuckt, wann ee kuckt, wou mer hierkommen, wann ee kuckt, wou eise Räichtum hierkënn a wann ee kuckt, wou vill vun eise Virfare geschafft hunn.

Et ass net fir näischt, dass ech den CNCI bei hiner Grënnung ënnerstëtzt hunn, dass mer se finanziell ënnerstëtzen, dass se sech elo konnte richtig gutt opstellen, och mat Ënnerstëtzung duerch d'Œuvre, an dass mer amgaange sinn ze kucken, wéi mer dat perinniséiere kënnen.

D'Denkmalschützer, déi verschidden Associatiounen, hu sech an enger Federatioun zesummegeallt. Och do: Mir hate schon Echanges, wou mer kucken, wéi mer se nach kënn besser ënnerstëtzen. An och all déi aner Associatiounen lafen iwwer Conventiounementer oder Subventiounen, jee no hire Besoinen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson**, Ministère de la Culture | D'Zil vum Gesetzesprojet ass et, dem Patrimoine culturel dee Stewwärt an der Gesellschaft ze ginn, deen e verdéngt, soudatt och nach eis Kanner, eis Enkelkanner an all déi, déi no eis kommen, deen Ierwen nach iwwreg hunn, doduerch hir Geschicht verstinn, d'Geschicht fir unzepaken. An natierlech, wann et ëm de Patrimoine immobilier geet, geet et och drëm, a wéi enger Landschaft mer liewen, a wéi engem Duerf mer liewen, a wéi enger Stad mer liewen, wéi homogeen déi ass a wéi schéin a wéi agreabel et sech do uspiert ze liewen.

Ech wollt awer net ophalen, ier ech nach e puer Merci lassginn. An da sinn ech wierklech fäerdeg. Merci der Rapportrice a Presidentin vun der Kommissioun an natierlech och der Sekretärin an hire parlamentaresche Mataarbechter. En extrae Merci der Madamm Modert an dem Här Arendt, déi hei ganz vill Viraarbecht geleescht hunn an ouni déi den Text natierlech hei och net méiglech gewiescht wier.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson**, Ministère de la Culture | An dann ... Mir hu vill, vill, vill heiru geschafft a mir hate ganz vill Asaz allegueren, awer ganz besonnesch d'Beryl Bruck, d'Anne Hoffmann, de Chris Backes, d'Selma Becirovic, d'Elisabeth Widung an de Jo Kox, ...

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng), rapportrice | Très bien!

**Mme Sam Tanson**, Ministère de la Culture | ... de Patrick Sanavia an d'Christina Mayer, de Foni Le Brun an d'Heike Pösche, de Patrick Dondelinger, de Michel Polfer an de Régis Moes. Iech all e ganz grouse Merci! An hei ass en avant-première dat faméist Dokument, ...

*(Mme Sam Tanson montre une documentation.)*

... wou mer jo gesot haten, dass mer et géifen ausschaffen a wat ech dann an deenen ënnerschidd-lechen Owender wäert och nach am Detail virstellen. Dir kritt natierlech eng Kopie, soubal et gedréckt ass. Merci fir Är Gedold.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Kulturministesch Sam Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7473. Den Text steet am Document parlementaire 7473<sup>17</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7473 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass bei 54 Jo-Stëmmen a 6 Abstent-iounen ugeholl.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Félix Eischen), MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) ;





MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### Motions

Da komme mer nach bei d'Motiounen, déi bei dësem Projet deposéiert gi sinn.

#### Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Här François Benoy deponéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen?

Kënne mer dës Motioun à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

#### Vote sur la motion 1

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

D'Motioun Nummer 1 ass domadder eestëmmeg uegoll.

#### Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2, déi vum Här Fred Keup deponéiert ginn ass. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Dan Biancalana.

#### Plusieurs voix | O!

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Ech hunn hei d'Motioun duerchgelies, déi den Här Keup hei deposéiert huet. Bon, et muss ee jo virun allem soen, dass d'Gemege jo awer ganz kloer an der Lag sinn, fir hire Patrimoine culturel ze valoriséieren, sief dat um Niveau vum PAG, sief dat am Kader vum Inventaire.

Wann een deem hei géif nogoen, wat d'ADR hei schreift, da géif dat jo am Fong heeschen, datt een de Gemengen d'Kompetenz ewechhëlt, fir engersäits d'Baugeneemegungen ze attribuieren, awer och effektiv déi Geneemegung, fir Gebaier ofzerappen. An ech mengen, dass am Fong esou e Relevé och absolutt guer keng Plus-value deementspreechend géif matbréngen.

Fir dat heiten ze maachen, bräicht een am Fong eng national Autorisatioun, fir deem kënne Rechnung ze droen. Also hëlt een hei ganz kloer de Gemege Kompetenzen ewech. Deementspreechend géif ech proposéieren, dës Motioun ofzeleenen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Biancalana. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, merci, Här President. Ech hunn zwar elo net ganz gesinn, wou een de Gemengen d'Kompetenzen ewechhëlt, wann ee statistesch Donnéeë wëllt erhiewen. Mee ech ...

Bref, mir leenen déi Motioun aus engem ganz anere Grond of, nämlech well mer net d'Valeur gesi vun deene statisteschen Erhiewungen. Virun allem huet den Alter vun engem Gebai wierklech näischt auszesoen doriwwer, ob et erhalenswäert ass oder net. Mir hu Saachen, déi si ganz nei a sinn immens erhalenswäert. An et si Saachen, déi si ganz al, an déi sinn definitiv net erhalenswäert.

Well just den Alter vun de Steng mécht nach net, datt et Patrimoine ass. Et muss do schonn e bësse méi si wéi nëmmen den Alter. Dofir mengen ech, datt déi heite statistesch Donnéeën och keng Valeur ajoutée wäerte bréngen. Dofir wäerte mir och dergéint stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement. Et ass keng weider Wuertmeldung ...

(Interruption par M. Fred Keup)

Nee, den Här Keup nach als Auteur vun der Motioun.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, merci, Här President. Also, ech menge wierklech, dass vläicht den Här Dan Biancalana d'Motioun elo net esou verstanen huet, wéi se am Fong geduecht war. Et geet hei net drëms, fir iergendengem d'Kompetenz ewechzehuelen. Et ass einfach eppes, wat kengem wéideet.

Mir stellen einfach eng Statistik op, wivill Gebaier ofgerappt ginn hei am Land. Méi ass et jo net. Et ass eppes, wat kengem wéideet. Ech weess och net, wou dat géif an d'Autonomie vun der Gemeng elo agraifen. Et gëtt jo och soss Statistike vun all méiglechen Sorten, iwwert d'Schoulen an iwwer ech weess net wat, déi beim Staat zesummegesat ginn.

Déi aner Saach vum Här Clement, do wëll ech awer soen: Also, et war jo grad op eng Fro vun Iech hin, wou ech dat heiten och elo ... déi ass jo och zitéiert an der Motioun, wou Dir jo och dat heite gefrot hat a wou Der Iech eng Kéier selwer opgeregelt hat, dass de Staat emol keng Statistiken hätt iwwert déi Gebaier, déi ofgerappt ginn, an dass de Staat emol selwer net wéisst, wivill dass der ofgerappt ginn.

Mam Alter - do kann een nach driwwer schwätzen. Natierlech ass dat net nëmmen deen eenzege Krittär, ob eppes erhalenswäert ass oder net. Do gëtt et nach eng ganz Partie aner Krittären. Et geet och net onbedéngt hei drëms, fir direkt doriwwer ze urteelen, mee fir awer eng Vue d'ensemble ze kréien unhand vun dëser Statistik ebenen, wat hei am Land ofgerappt gëtt. An ech mengen, dat wier awer an engem gréisseren Interessi, wéi dat elo hei gemaach gëtt vu Verschiddenen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Keup. Dann nach d'Madamm Octavie Modert.

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Merci, Här President. Dem Här Biancalana seng Argumentatioun konnt ech net ganz novollzéien. Ech fannen awer, datt déi Motioun hei e bëssen ze partiel ass, an dofir géif d'CSV dergéint stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Modert. Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott vun dëser Motioun kommen.

#### Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmen fänkt un.

(Interruptions)

Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Laurent Mosar), MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

## 5. 7853 - Projet de loi portant approbation de l'Accord, fait à Bruxelles, le 17 décembre 2020, amendant l'Accord relatif à la fourniture et à l'exploitation d'installations et des services de la circulation aérienne par Eurocontrol au Centre de contrôle régional de Maastricht, signé le 25 novembre 1986

Mir kommen elo zum Projet de loi 7853, deen en Accord iwwert d'Eurocontrol amendéiert. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif direkt d'Wuert un d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi ginn, déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

**Mme Chantal Gary** (déi gréng), rapportrice | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, déi Europäesch Organisatioun fir Sécherheet am Loftraum, och Eurocontrol genannt, gouf den 13. Dezember 1960 per international Konventioun gegrënnt, mam Haaptzil, d'Fluchverkéiersgestioun ze vereenheetlechen. Eurocontrol gouf deemools vu sechs Staate gegrënnt - den dräi Benelux-Länner, Däitschland, Frankräich an dem Vereenegte Kinekräich - an zielt méttlerweile 41 Memberstaaten, 2 États associés an 19 Partnerstaaten. Eurocontrol huet haut nieft hirem Siège zu Bréissel nach dräi weider Sitten, dorënner bekanntlech och den Trainingszenter hei zu Lëtzebuerg.

Fir dem Zil vun der Eurocontrol-Konventioun gerecht ze ginn, hunn 1986 véier vun de sechs Grënnungsmemberen, an zwar d'Benelux-Staaten an Däitschland, als



Pionéier een Deel vun hirer Loftraumgestioun vergemeinschaftlecht an d'Alldagsgestioun dovunner un Eurocontrol iwwerdroen, an zwar un de regionale Maastrichter Kontrollzentrum. Dat ass geschitt mat Hëllef vum multilateralen Accord vum 25. November 1986.

Well d'Käschte vun dëser Prestation de service vum Maastrichter Kontrollzentrum net fir all Land d'nämmlecht waren a sinn a virun allem, well jo och nëmme véier vun den aktuell 41 Eurocontrol-Memberen dës Loftraumkontrollprestatiounen, d'Personal an d'Infrastrukturen zu Maastricht notzen, huet ee sech natierlech iwwer d'Käschteverdeelung tëscht de véier Staaten an och tëscht dëse véier Staaten an dem Rescht vun den Eurocontrol-Membere missen eens ginn.

Dat ass engersäits iwwert de Wee vum genannten Accord vum 1986 geschitt an anerersäits iwwer e separaten Accord tëscht de véier Länner. Déi véier Länner si, wéi gesot, Lëtzebuerg, d'Belsch, Holland an Däitschland.

Här President, beim Projet de loi 7853, dee mer elo den Owend virleien hunn, geet et drëms, en neien Accord ze approvieren: de multilateralen Accord vum 17. Dezember 2020, deen de genannten Accord vum 1986 tëscht de véier Länner an der Entitéit Eurocontrol, an deemno allen Eurocontrol-Memberen, op enger Rëtsch Punkten ofännert. Bei dësen Ännerunge geet et engersäits ëm eng Adaptatioun vun der Käschtenopdeelung fir d'Notzung vun de Maastrichter Eurocontrol-Infrastrukturen tëscht de véier Länner an dem Rescht vun den Eurocontrol-Memberen an anerersäits ëm méi en effikass a flexibel Fonctionnement vun dësem Zenter.

Konkreet gëtt mat dësem Traité déi bisheereg Eurocontrol-Hierarchie geännert. D'Alldagsgestioun vum Maastrichter Zentrum soll an Zukunft net méi vum Eurocontrol-Generaldirekter assuréiert ginn, mee vun engem eegene Maastrichter Generaldirekter. Zousätzlech gëtt den aktuelle Koordinatiounsgrupp vun de véier Länner dann och an der nammlecher Autonomielogik duerch eng Decisiounsinstanz vun de véier Länner ersat, alles mam Zweck, wéi gesot, an Zukunft méi autonom, flexibel an effikass kënnen ze funktionéieren.

Nieft dësen Haaptpunkte gouf awer och dervu profitéiert, fir mat dësem Accord och nach eng Rëtsch aner Dispositiounen ze aktualiséieren oder eenzel Punkten ze sträichen, déi no mëttlerweile 35 Joer hifälleg waren. D'Detailer dozou konnt Der a mengem schrëftleche Rapport an och am Document de dépôt vun der Regierung noliessen.

D'Virarbechte fir dës Adaptatiounen hu scho viru siwe Joer ugefaangen, wéi innerhalv vun den Eurocontrol-Gremien en Aarbechtsgrupp agesat gouf, fir sech der Fro vun der Käschtenopdeelung an dem Fonctionnement unzuhuelen an Ännerungsproposen auszuschaffen.

Wichtig ass och ze erwänen, datt, wann een hei vu Modifikatiounen schwätzt, déi mat dëser Ratifikatioun a Kraaft triede wäerten, dat u sech Simplificatiounen sinn. Juristesches gesinn ass et natierlech esou, datt dës Modifikatiounen eréischt definitiv mat der Ratifikatioun a Kraaft trieden. An der Praxis ass et awer esou, datt se och haut schonns, an zwar zënter ongeféier véier Joer, provisoersch applizéiert ginn, an dat op Basis vun Decisiounen vun den Haaptgremien vun Eurocontrol.

Zil war eigentlech, dës Dispositiounen ab Januar 2020 kënnen definitiv ze applizéieren, mee dësen Delai huet

sech als ze kuerz erweisen, fir d'Verifikatiounsprozeduren an de véier Länner ofzeschléissen. An och opgrond vu Corona gouf dës provisoersch Applikatioun mëttlerweile bis den 31. Dezember vun dësem Joer verlängert.

All weider technesch Detailer konnt Der, wéi gesot, a mengem schrëftleche Rapport an am deposéierten Dossier vun der Regierung noliessen.

Här President, ech géif mäi Rapport mam Resümee vun den Aarbechten ofschléissen. Dëse Projet de loi gouf den 2. Juli 2021 an der Chamber vum Minister Asselborn deposéiert. Den Avis vum Staatsrot koum de 7. Dezember 2021 an ass de 6. Januar dëst Joer an der Sitzung vun der Kommissioun vun der Mobilitéit an den öffentliche Aarbechten analyséiert ginn. Nieft dem Staatsrot huet och d'Chambre de Commerce en Avis ofginn. Eis Kommissioun huet de Rapport den 3. Februar 2022 eestëmmege ueholl a proposéiert deemno och der d'Plenièr vun der Chamber, dëse Projet de loi unzuhuelen.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschten a ginn heimat och den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Rapportrice Chantal Gary.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Serge Wilmes agedroen.

#### Discussion générale

**M. Serge Wilmes (CSV)** | Merci villmools, Här President. Ech soen der Rapportrice Merci. Si huet dat ganz komplett gemaach, wéi gewinnt ganz gutt. Dowéinst ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun dozou.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Wilmes. Da wier et um honorabelen Här Max Hahn.

**M. Max Hahn (DP)** | Ech géif dat selwecht maache wéi mäi Virriedner, de Serge Wilmes, nämlech der Rapportrice Merci soe fir hir zwee ganz gutt Rapporten. Ech géif dann och den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Hahn. Da geet d'Wuert weider un d'Madamm Cécile Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Jo, merci, Här President. Ech schléisse mech natierlech och de Wieder vu menge Virriedner un an ech verbannen domat natierlech och de grouse Merci un d'Madamm Gary. Ech mengen, hei si mer ganz kloer bei enger Plus-value, déi eng Vereinfachung, eng Autonomie, eng Flexibilitéit an eng Effikasitéit beinhalt. An ech mengen, dat alles dréit derzou bäi, dass een nëmme ka mat esou engem Projet d'accord sinn. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hemmen. Da wier et um Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Majo, ech wëll mech och menge Virriedner uschléissen an der Madamm Gary Merci soen an den Accord vun der ADR bréngen. Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. Dann ass et un der Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Jo, ech schléisse mech och un. A vu datt eng Zweedréttelmajoritéit verlaangt ass, stëmme mir léiwer och mat. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Très bien! Merci villmools, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Och mir wäerten eisen Accord ginn. A merci dem Chantal Gary.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här François Bausch.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** | Merci, Här President. Ech kann et och kuerz maachen an der Rapportrice Merci soen an der Chamber fir déi breet Zoustëmmung.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7853. Den Text steet am Document parlementaire 7853<sup>3</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7853 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmege mat 60 Jo-Stëmme ueholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Félix Eischen), MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Max Hengel) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### 6. Question élargie n° 128 de M. Jean-Paul Schaaf au sujet des décharges pour déchets inertes

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 128 vum Här Jean-Paul Schaaf iwwert d'Deponië fir inert Offäll. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Fro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousatzfro ze stellen. An der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean-Paul Schaaf (CSV)** | Merci, Här President. Merci och der Madamm Minister, datt ech hei kann



dës Fro stellen, also eng Question élargie zum Thema vum Bauschutt, en Thema, wat net immens sexy ass a wou een normalerweis nëmmen driwwer schwätzt, wann et iergendwéi knallt oder wann et iergendwou en public ass. An dat ass geschitt!

Mir hunn allegueren, mengen ech, esou eng Zort Cri d'alerte do aus dem Secteur héieren, an der Press gellies, an notament duerch déi ganzsäiteg Annonce, wa mer eis drun erënneren - hei ass se, esou huet se ausgesinn -, ...

*(M. Jean-Paul Schaaf montre une page de journal.)*

... déi de Groupement des entrepreneurs an d'Fédération des entreprises de construction et de génie civil an der gréisster Dageszeitung verëffentlecht hunn, fir einfach ze soen: „Voilà, mir hunn e Problem, hëlleft eis. Hëlleft eis wannechgelift!“, fir et emol esou auszedecken.

Och an der Vergaangenheet ass an x Question-parlementairen - et waren der esou vill, dat ech se net hei kann all resuméieren - op dee Sujet higewise ginn. Et mierkt een dorunner, dat et e Sujet ass, deen eis am Fong awer allegueren betrëfft: de Bausecteur, den Héichbau, den Déifbau, d'ëffentlech Baute ganz besonnesch, mee awer och de Camionstrafick, d'Ëmweltbelaaschtung, d'Käschten um Bau, awer och d'Dauer, déi d'Chantieren doduerjer hunn.

De legislative Kader vun de Bauschuttdeponien hutt Der an der Regierung 2021 ofgeännert. De Plan sectoriel « Déchets inertes » ass ersat ginn duerch de Règlement grand-ducal vum 20. August 2021.

Dofir meng éischt Fro: Sidd Der zefridde mam Règlement grand-ducal vum 2021? En ass nach jonk, mee ech wollt deen dann an e puer Froe méi detailéiert „auserenehuelen“ - awer gutt gemengt „auserenehuelen“ -, wann ech dat emol esou ka soen.

De Règlement grand-ducal deelt eist Land an néng Regiounen an an definéiert, dat all Regioun zu all Moment mindestens eng Deponie misst hunn an datt den „Offall“, wann ech en esou dierf nennen, aus der Regioun dann och an der regionaler Deponie misst deponéiert ginn.

Dat gesi mer, dass et aktuell net méi geschitt. Ech fueren dacks laanscht d'Deponie vu Colmer-Bierg, eng vun deenen, wou de Moment déi gréissten Aktivitéit am Land ass. An et gëtt mer souguer aus dem Secteur gesot, dass jee nodeems, wéi den Trafick ausgesäit, ee vu Beetebuerg méi séier zu Colmer wier wéi op der Gadderscheier. Ob dat esou ass, weess ech net, mee et gëtt alt emol behaapt.

*(Interruption)*

De Rekord, hunn ech héiere vun engem, deen et muss wëssen, well en an enger Gemeng aktiv ass, déi ronderëm Colmer läit, war virun e puer Wochen, wou se 140 Camione gezielt hunn, déi an der Schlaang stoungen, fir an déi Deponie eranzefueren.

Wann dat esou weidergeet, dann halbéiert déi Reschtlaafdauer, déi nach op sechs Joer virgesi war, sech. Dofir meng éischt Fro ... Dann huet déi Regioun Zentrum, déi laut Règlement grand-ducal vu Walfer bis Ierpeldeng-Sauer geet, keng Deponie méi. Dofir wollt ech froen, ob Der do virukommt, ob Der eng nei Deponie fannt fir déi dote Regioun Zentrum a wéi dat de Moment ausgesäit.

Déi zweet Fro, well 80 %, esou seet de Secteur, vun deene Materialien, déi ugeléiwert ginn, eigentlech aus dem ëffentleche Bausecteur kommen: Stroossebau, CFL, Tram, och de Findel an anerer, fir gréisserer ze nennen ... Et mierkt een och do, dass eng Null-Offall-Strategie eigentlech och dann net kann direkt an alle

Fäll wierken. Ech mengen, doriwwer brauche mer net hei ze streiden. Mee schonn eleng, fir den Trafick ze reduzéieren, ass meng Fro: Kann een et an ëffentlechen Ausschreiwungen zur Konditioun maachen, dat een och muss nobäi bleiwen - et steet am Règlement grand-ducal, mee an der Praxis sinn ech net esou sécher, dat et klappt -, dat also an den Ausschreiwunge géif drastoen, dat een déi noost Deponie och muss ufueren?

Well mer e punktuelle Problem de Moment am Süden hunn, well Suessem zou ass, schéngt dee sech jo kuerzfristeg - esou gëtt mer gesot - ze léisen. Duerfir meng Fro: Wa sech dat léist, fir wéi laang huet een dann e Liichtbläck op deem dote Punkt? Well dat riskéiert jo och net ganz laang ze sinn!

Fakt ass de Moment, an och wann ech de Règlement grand-ducal liesen a mat de Leit aus dem Secteur schwätzen, schéngt et esou ze sinn, wéi wann de Ball bei de privaten Dechargébedreiwer léich, och fir nei Deponien ze sichen an ze erschléissen.

Dat ass keng einfach Aufgab. Et déngt och näischt, e puer kleng Flächen ze hunn. Eng Deponie, déi Sënn mécht ... Kommt, mir huelen de Bridel, dat si 25 Hektar. Dat ass esou quasi e Minimum, deen ee muss hunn. Also, ab 20 Hektar fänkt dat hunn, dat et sech iwwerhaupt rechent mat Zoufaartsweeër, Camionswäschanlagen, et cetera, et cetera, alles, wat ee muss hunn. Dat ass eng komplex Aufgab, fir esou Flächen am Land zesummenzekafen, mat de Baueren ze tauschen, ze negociéieren, duerno a Kommodo- an Ëmweltdiskussiounen eranzegoen. Dat ass eng schwierig Missioun.

Duerfir meng Fro un Iech, Madamm Minister: Wéi begleet Dir dat? Ech weess, an de Secteur lueft dat ausdrécklech, dat Der an Ärem Ministère eng Uspriechpersoun nomméiert hutt. Mee wéi hëlleft Der engem Secteur, wann en an enger Regioun näischt méi fënnt, keng Plaz fënnt? Wéi geet dat ganz praktesch?

An dann - ech mierken, dat ech net méi vill Zäit hunn - eng lescht wichteg Fro; ech hätt der nach e puer, mee eng wichteg ass awer déi: Op Ärem Internetsite gesäit een, dat ... Oder nee, am Règlement grand-ducal steet, dat um Internetsite eppes sollt publizéiert ginn, wou ee gesäit, wéi datt am Fong geholl den Tonnage evoluéiert, wat d'Reschtdauere sinn. Ech konnt dee Site net fannen.

Ech hunn beim Stater bis 2019 an um Geoportail bis 2020 Zuele fonnt, déi och net ëmmer deckungsgläich sinn. Dat muss een einfach soen. Da geet een zrëck kucken an d'Question-parlementairen, déi schonn eemol gestallt gi sinn. De Kolleg Max Hahn hat eng Kéier gefrot, wat d'Reschtdauer wier. Dat war am Februar 2018. Du gouf gesot, 28 Milliounen Kubikmeter wieren nach do an dat géif fir siwe Joer duergoen.

Am Joer 2020 huet d'Deputéiert Octavie Modert an och e bësse méi spéit nach eng Kéier de Max Hahn eng Fro gestallt, wou nach eng Kéier dorobber geäntwert ginn ass. Du waren et aner Zifferen! Dunn hate mer op eemol 31 Milliounen nach Rescht an eng Lafdauer vu 15 Joer. An duerfir: Wou een do richteg drun ass, dat ass fir eis, déi elo awer, mengen ech, d'Suerg drëm hunn, dat et dem Bausecteur awer gutt geet, schwierig ze wëssen.

De Groupement des entrepreneurs huet et jo och esou formuléiert, dat se soen, et wieren am Moment just véier Deponien, déi ouni Konditiounen op sinn. D'Carrière ziele se net derbäi, well d'Carrière jo déi sinn, wou een nëmme kann eppes erëm opfellen, wann eppes erausgeholl ginn ass, déi also net permanent a fir alles do sinn. Si soen, et géifen aacht nei Deponië gebraucht ginn am Land a si wieren

Demandeur, fir einfach eng laangfristeg Planung an deem dote Beräich ze kréien. Dofir meng Fro: Wou si mer drun? A kritt Der et an de Grëff?

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Schaaf. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg.

**Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable** | Bon, Här President, Dir Dammen, Dir Hären Deputéiert, als Éischt emol e grouse Merci awer och dem Jean-Paul Schaaf, dass hien dat heiten haut zum Thema mécht, well ech mengen, dass et eppes ass, wat jiddereen a senge jeeweilege Fonctiounen, sief et an der Gemeng, sief et als Deputéierten, awer och d'Leit dobaussen an hire jeeweilege Responsabilitäten eppes ugeet.

Well wa mer iwwert d'Dechargé schwätzen an d'Deblockéiere vu Sitten, dann ass dat nom Ofschafe vum Règlement jo net méi a sech den Ëmweltministère, deen zesumme mat den Acteuren e Plan sectoriel „Dechargésitte“ mécht, mee a sech hunn d'Entrepreneuren haut eeben och d'Méiglechkeet - oder Entrepreneur mat Gemengen oder esou -, Sitten ze sichen a sinn also am „driving seat“.

Dofir, fir op Är éischt Fro ze äntweren: Ech mengen, dat Zesummespill, woufir mer 2018 de Grondstee geluecht hu beim nationalen Offallplang, wéi mer gesot hunn: „Mir ginn, wat den Dossier vun den Dechargen ugeet, wou et zanter 2006 e Plan sectoriel gouf, op en anere Wee“, well déi Sitten net schnell genuch deblockéiert konnte sinn ... An der Realitéit huet een ëmmer ëm déi fënnf bis siwe Joer gebraucht. Dat ass eis net schnell genuch gaangen iwwert dee Moyen. Dofir hu mer dat ofgeschafft, soudass haut e Règlement besteet, deen awer am Groben dat iwwerhëlt, wat och virdrun an de Plan-sectorielle stoung.

An dat ass och eng Äntwert op Är Fro: D'Regionalitéit als kloer e Krittär, d'Ënnerdeelung vum Land an néng Gebidder ass e ganz wichteg Element dovunner, fir dass eeben net wäit muss gefuer ginn. Do gëtt et am Règlement, dat haut besteet, dat zanter dem Summer besteet, eeben och minimal a maximal Quantitéit pro Regioun, eebe grad fir dem Prinzip vun de kuerze Weeër Rechnung ze droen.

Da ginn et awer och kloer Krittären, fir dass mer schnell virukommen. Et gëtt eng Lëscht, wou da ganz kloer gekuckt gëtt ... Et kritt ee Punkten dofir, jee nodeem wéi gutt de Site ass. An do kucke mer natierlech fir d'alleréisch d'Auswirkung op de Mënsch, de Verkéier, deen dat generéiert, „wéi no si mer bei den Haiser?“, an dann natierlech den Naturschutz, de Waasserschutz an dann awer och d'Exploitatioun vum Site. An d'ailleurs - de Mëtteg hutt Der en Denkmal-schutzgesetz um Programm -, och de Patrimoine culturel gëtt do berücksichtegt bei der Auswiel vu Sitten. Also, dat heescht, et huet een och e ganz kloer Kader.

Nei ass och, dass elo trimestriell déi Quantitéit gekuckt ginn. Elo kann ech Iech soen, dass mir - an dat ass jo déi Fro, déi Der och gestallt hutt - a sech d'Donnéen vun 2020 verleien; d'Donnéen vun 2021, do hunn eréischt zwee vun zwielef Acteuren hir nei Donnéeën eraginn, soudass ech Iech do leider nach keng Gesamtziel kann nennen. Mee dat wäert elo trimestriell erfollegen, soudass mer e vill bessere Suivi mat där neier Legislatioun kënn maachen.

Ech hunn awer, wann dat d'Deputéiert interesséiert, eng Presentatioun, wou déi eenzel Sitte mat hire Reschtquantitéiten dra sinn.

*(Mme Carole Dieschbourg montre une documentation.)*



Ech liesen déi elo, mengen ech, aus Zäitgrënn sécherlech net eenzel vir, wivill Quantitéiten dat sinn. Mee do gesitt Der eeben d'Joergäng 2018, 2019, 2020, wéi sech dat entwéckelt. 2021, wéi gesot, do kréie mer d'Donnéen elo eran an da kënne mer Iech déi och ganz gären iwwermëttelen. Ech wäert menge Leit soen, se sollen der Chamber eeben déi Donnéen zur Verfügung stellen, fir dass d'Deputéiert och wëssen, wat an hirer Regioun vu Capacitéiten nach fräi ass.

Dann hutt Der eng wichteg Fro gestallt, also dat heescht, déi éischt. Mir gesinn d'Auswirkunge vun deem neie Reglement eréischt, wann dat elo e bësselche leeft, wann dat elo e bëssen an d'Realitéit ëmgesat gëtt, wa mer elo e bëssen um Schaffe sinn.

Dat Zweet ass: Firwat ass dee grouse Problem am Moment? An dat generéiert jo och Trafick! Majo, am Süden hu mer ee Remblai, deen elo ... An do hat d'Chamberskommissioun, déi sech ëm Ëmwelt këmmert ... An doru kënne sech d'Deputéiert sécherlech nach erënneren: Mir hate viru ronn zwee Joer e puer Presseartikelen iwwert de Crassier Déifferdeng, wou mer jo siwe verschidde Sitten hunn, wou mer deelweis Altlasten hunn an awer och Sitten, déi wäerten herno Dechargé ginn. An dorobber gëtt vill geschafft.

Nëmme fir Iech en Androck ze ginn, wat mer do geschafft hunn ... Well dat heiten ass keen neie Sujet. Dat heiten ass e Sujet, dee begleet d'Chamber an d'Gemengen an d'Entrepreneure wierklech zanter Joerzéngten. Et ass also guer näischt Neits. Wat hu mer gemaach, wat de Crassier Déifferdeng ugeet?

Majo, zu Recht hatten d'Gemengemammen - an eng sëtzt jo och hei am Raum - a -pappen deemools a sech gesot: „Mir géife gären eng Gesamtiwwersiicht iwwert dee Site zu Déifferdeng kréien, well mer och eise Bierger schëlleg sinn, dass mer wierklech d'Nuisancé reduzéieren an dass mer en Ausbléck schafen: Wat geschitt iwwerhaapt mat deem risege Site, wou mer vu siwe verschiddene Situatiounen schwätzen?“

Den 10. Februar 2020 hu mer dunn e Komitee ageruff, e Comité de suivi. Do sëtzen d'Gemengen dran, do sëtzen awer och d'Entrepreneuren dran, déi grouss Acteuren. Niefert der Decharge fir Matière inerte gëtt jo och den Offall vun der Siderurgie do gelagert. An dat si Prozeduren, déi eebe lafen. An da sëtzen natierlech och d'Ekonomie an d'Ëmweltadministratiounen do mat um Dësch. Déi hunn och reegelméisseg an deene leschten zwee Joer getaagt, fir eeben dem Problem Här ze ginn a fir och e Vertrauensverhältnis ze schafen. Dat ass mat där EIE (ndlr: Évaluation des incidences sur l'environnement), wou elo zanter der leschter Woch all d'Donnéen erakomm sinn. Do kënne mer an d'Kommodosprozedur goen um Crassier.

An da kënnt dat, wann dann d'Prozedur vum Kommodo fäerdeg ass an deen Dossier duerch d'Prozeduren ass, wou nach eng Kéier eng Consultation du public ass, fir dass och d'Bierger aus der Regioun sech den Dossier nach eng Kéier kënne ukucken, da wäert et esou sinn, dass deen neie Site fir 5,9 Milliounen Meterkibb, dat heescht fir eng ronn zéng Joer - dat ass geplangt - ka funktionéieren.

Firwat ass déi Verschibung Richtung Colmer-Bierg? Majo am Moment empfänken déi Dechargen, déi do sinn, well se bal voll sinn oder schonn zou sinn, manner Ärdaushub, dat heescht mir hunn e strukturelle Problem am Süden. An dat verlagert sech natierlech. An dofir, mengen ech, ass et wichteg, dass ee sech op allen Niveaue - op Gemengenniveau, awer och d'Bierger - an där Kommodosprozedur elo déi Saach schnell zu Häerz hëlt, dass mer dat uerdentlech

weiderféieren, fir dass mer dee punktuelle Problem, dee mer elo do am Süden hunn an deen eeben déi aner Regiounen mat impaktéiert, kënne ugoen.

Ech wëll awer hei och nach eng Kéier ganz genau soen, dass et awer och wichteg ass - an do hu mer vill mat de Gemengen zesummegeschafft, well mir hatten deslescht Enn Oktober eng Reunioun, an där mer wierklech dee ganze Site nach eng Kéier op de Leescht geholl hunn -, dass do Verbesserunge fir d'Regioun kommen, dass den Ekonomiesministère an den Ëmweltministère amgaange sinn, un enger Gesamtvisioun ze schaffen: Wat geschitt och duerno mat dem Site a wat maache mer mat den historesche Belaaschtungen, déi et do gëtt? An dat ass elo ganz wichteg, dass déi Saachen an déi Thematiken och ugepaakt ginn an dass déi Prozedure wierklech en bonne et due forme duerchgefëiert ginn, well dat si mer eeben och de Bierger schëlleg!

Mir sinn awer och de Betriber schëlleg, dass mer dat elo schnell deblockéieren, fir dee punktuelle Problem, dee mer am Süden am Moment hunn an deen natierlech och Ausléiser war fir déi dote Saach, an de Grëff ze kréien.

Fir de Rescht géif ech ganz gär meng Reschtzäit nach notzen. Ech hoffen, dat huet Iech och e bëssen elo en Androck ginn: Mir schaffe wierklech vill mam Secteur. Mir hunn och, well mer déi Neierunge gemaach hunn, gesot: Elo mat deem neie Reglement ass et jo kee Plan sectoriel méi. Et gëtt déi normal Prozeduren: eng EIE natierlech an dann e Kommodo an eng Waassergeneemegung an eng Naturschutzgeneemegung. An da mussen natierlech och nach d'Gemenge kucken. Dat heescht, et ass eng Vereinfachung, et ass eng Simplificatioun. Mir wëlle méi schnell ginn.

An op där anerer Säit, mengen ech, ass et awer och wichteg, dass d'Betriber en Usprichpartner hunn. Dofir hu mer gesot, elo gi mer och op de Wee, dass eng Persoun de Lien mécht mat den Administratiounen an och en Usprichpartner no bausse fir d'Betriber an deem Moment do ass. Dat hu mer de Betriber och dofir matgedeelt.

Mir hatten och am Januar schonn eeben nach eng Kéier iwwert déi nei Reglementatioun kommunizéiert. Mir hatten d'Betriber och schonn eng Kéier am Hierscht gesinn. Déi ass jo eréischt zanter dem Summer a Kraaft. A vun dohier si mer do ënnerwee ze schaffen, fir wierklech deem Problem an enger neier Aart a Weis gerecht ze ginn.

An dann, leschte Punkt: Mir wäerten och mat allen Acteuren, dat ass nach en neie Prozess ... 2015/2016 hate mer eng Kéier eng Broschür gemaach, wou mer gesot hunn: „manner baggeren, besser plangen“, esou nom Prinzip „kommt, mir vermeiden Ärdaushub“. An dat ass, mengen ech, dee Facteur, bei deem mer och alleguerte kënne aktiv ginn. An dat ass zukunftsweisend, et ass dat, wat mir wëlle maachen, zesumme mat alle staatlechen Administratiounen. D'ailleurs, d'Zuele kann ech elo net beleen. Ech hat versicht, fir haut eng Kéier all staatlech Instanzen ze kréien (veuillez lire: eng Kéier Informatiounen vun alle staatlechen Instanzen ze kréien). Dofir muss een elo emol am Raum stoe loossen, wat da vun ëffentlecher Hand kënnt oder net.

Ze soen ass, dass mer flott ëffentlech Projeten hu wéi „Elmen“, wou et net an de Buedem geet, wou mer gemeinsam Parkhaier hunn. An dat soll de Standard vun der Zukunft ginn. An dofir wäerte mer mat den ëffentlechen Acteuren, mat de Gemengen an de Gemeengevertrieder - de Syvicol wäert sécher Deel dovunner sinn -, mat den Architekten, Ingenieuren an Entrepreneuren an Zukunft dat doten Thema nach

eng Kéier ophuelen, Eventer a Workshope maachen, well dat do geet just zesummen, fir eeben d'Kontinuitéit vun den Aarbechten zu Lëtzebuerg ze garantéieren.

Domat soen ech Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Ëmweltministesch. Nach eng Zousazfro, obschonn e seng Fro virdrun, seng Riedezäit ...

**M. Jean-Paul Schaaf (CSV)** | ... schonn iwwerschrott hat.

**M. Fernand Etgen, Président** | ... schonn iwwer annerhalfe Minutt iwwerschrott hat. Mee Dir däreft awer nach eng kleng Zousazfro stellen.

**M. Jean-Paul Schaaf (CSV)** | Ech kéint der nach e puer stellen. Nee, ech wollt just déi prinzipiell Fro stellen: Wann elo an enger ...

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen, Président** | Wannechgelift, ...

**M. Jean-Paul Schaaf (CSV)** | Pardon!

**M. Fernand Etgen, Président** | ... sidd vläicht nach zwou Minutte roueg, dann hu mer et gepackt.

**M. Jean-Paul Schaaf (CSV)** | Ech fläisse mech. Just eng prozedural Fro eigentlech: Wann elo an enger Regioun sech keng Acteuren, weeder Gemengen nach Entrepreneuren, fannen, déi soen: „Mir wëlle fir dës Regioun de Projet vun enger neier Deponie ugoen“, wéi léist Der dat? Also ech beneiden Iech wierklech net ëm Är Aufgab, Madamm Minister. Dat do ass awer, mengen ech, wichteg fir eist Land an dofir ass dat do vläicht eng wichteg Fro. Wéi léist een dat, wann elo keen Acteur do wier? Wat geschitt dann?

**Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable** | Bon, dat ass eng Fro, déi sech, mengen ech, awer net aleng un den Ëmweltministère an nom Ofschaf vum de Plan-sectorielle jo nach vill manner un een eenzel Acteur stellt.

Et ass eng Fro, wou een a sech e gesetzleche Kader schafft, wou ee seet: Mir huelen eis - an dat ass jo net nëmme just d'Regierung - eng minimal an eng maximal Quantitéit vir, eebe grad, fir laang Weeër ze evitéieren. Dat hale mer esou fest. Mir kucken dat weider. Dofir iwwerhuele mir eng koordinéierend Roll, mee mir sinn awer an där Hisiicht net méi am Lead, fir eeben am Kader vu Plan-sectoriellen nei Dechargen ze fannen. Well do gouf et jo zanter 1991 a bis 2021 eng Konventioun mat enger eenzeger Firma, net mat allen - haut hu mer méi Acteuren um Terrain -, déi gouf net méi weidergefouert.

Mir versichen elo, an dat ass dat, wat ech elo zum Schluss an deene leschte Sekonne gesot hunn, wierklech dat nach eng Kéier ze ravivéieren, nodeems mer de ganze legislative Kader geännert, ofgeännert hunn. Nodeems mer de ganze legislative Kader vereinfacht hunn, versiche mer elo, eeben duerch eng koordinéierend Roll mat allen Acteuren, wou mer wierklech och d'Gemenge mat wëllen op de Wee huelen, wou mer d'Entrepreneuren, déi awer elo mat an engem „driving seat“ sinn, wou mer d'Acteure wierklech un den Dësch huelen, eng Vermeidungspolitik ze maachen, well dat hëlleft eis jo och, manner Quantitéiten ze hunn. An dat ass eis éischt Zil.

D'ailleurs muss een och soen: Haut ass et schonn esou, wa mer vun inertem Material schwätzen, dass de Groussdeel - de Lëtzebuurger Sandsteen oder esou -, dee ka verschafft ginn, och haut scho verschafft gëtt.



Dat ass jo emol déi eng Saach. Dat anert gött deponéiert. A mir wäerten dofir kucken, dat dote proaktiv unzegoen: souwuel Reduktioun vun der Quantitéit, awer eeben och am A behalen, wa mer u maximalen a minimale Quantitéiten an der Region schaffen. Mee do gött et sécher keng ... An do muss ech Iech soen: Wann ech d'Texter liese vun deemools, vun 2006 - ech hunn deen och dobäi -, an awer och vun der Konventioun, déi schonn 1991 gemaach gouf, steet

do, dass dat do zanter den 80er-Joren e Problem ass. Da ginn d'90er-Joren erwänt. Dat do ass e Problem, deen iwwer Joerzénge besteet.

Mir versichen et elo - an dat hu mer 2018 am Offallplang ganz kloer gesot - iwwert en neie Wee, bei deem mer d'Responsabilitéit verdeelen, amplaz eng Responsabilitéit ze hunn. Mir verdeele se a mir hoffen natierlech, an dat ass e bैसे mäin Appell och un alleguerten déi, déi an der Verantwortung sinn,

dass se alleguerte mat op dee Wee ginn, dass een dat dote gemeinsam ugeet.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Umweltministesch. Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer, den 11. Februar, um 13.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 18.09 heures.)

## Questions au Gouvernement

### Sommaire

| Objet                        | N°   | Auteur                        | Page |
|------------------------------|------|-------------------------------|------|
| Retards du service Adapto    | 5859 | Martine Hansen, Marc Spautz   | 98   |
| Bilan carbone personnel      | 5861 | Fernand Kartheiser, Fred Keup | 98   |
| Pénurie de chauffeurs de bus | 5875 | Jeff Engelen                  | 99   |

**Retards du service Adapto** | Question **5859** (03/03/2022) de **Mme Martine Hansen** | **M. Marc Spautz** (CSV)

Emmer erëm bekloe sech Leit, déi an hirer Mobilitéit ageschränkt an dowéinst op d'Servicer vum Adapto-Transport ugewise sinn, iwwer Verspéidungen, déi zanter der Reform méi dacks virkommen. Et geet rieds vu bis zu eemol pro Woch an tëschent 10 a 45 Minutte Retard fir de Wee op d'Schaff.

Am Kontext vun der Onzeffriddenheet vun den Notzer vum Adapto-Transport, déi meeschtens och keng Alternativ hunn, wéilt mir folgend Froen un den Här Mobilitätsminister stellen:

1. Wat mécht den Här Minister, fir dës Verspéidungen ze verhënnern?
2. Wéi eng Mesurë wëllt den Här Minister am Interessi vun de Leit mat ageschränkter Mobilitéit huelen, fir hinnen ze erméiglechen, hir Aarbechtsplaz als „salarié handicapé“ pénktlech kënne ze errechen?
3. Firwat gött et kee feste Roulement, fir den Transport op d'Aarbechtsplaz fir déi betraffe Leit méi zouverlässeg ze maachen?
4. D'Problemer beim Adapto-Service hunn och Konsequenzen op d'Fräizäitaktivitéiten vun de betraffene Leit. Vill vun hinnen traue sech net méi, eppes an hirer Fräizäit ze ënnerhuelen, well se fäerten, net méi heemzekommen, well keen honnertprozenteg Verlooss op den Adapto-Service ass. Wëssend, dass d'Participatioun um soziale Liewe fir Leit mat enger Behënnerung extreem wichteg ass, wéilt mir den Här Minister ofschléissend froen, wat hien am Allgemengen ze ënnerhuele gedenkt, fir den Adapto-Service zu enger zouverlässeger Offer fir d'Leit ze maachen.

**Réponse** (08/04/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Leider ass d'Situatioun op de Stroossen net ëmmer déi selwecht, a mat Verspéidungen am Moiestraffic ass ëmmer erëm ze rechnen, virun allem, deemno wéi eng Streck ee muss fueren. Bei Verspéidungen, déi duerch Feeler vum Busbetrieb oder vum Chauffeur entstinn an déi och gemellt ginn, ënnerhëlt den zoustänneg Service vun der

Verwaltung fir öffentliche Transport déi néideg Messuren, fir dass et net zu Widerhuelunge kënnt.

ad 2. Aktuell gi knapp 100 Leit mam Statut vum „salarié handicapé“ op hir Plaz um éischten Aarbechtsmarché gefouert, d'Gestioun dovunner leeft iwwer d'App vum Adapto. Am September 2021 gouf déi nei App lancéiert, gläichzäiteg ass allgemeng d'Benotzung vum Adapto an d'Luucht gaangen, doduerch koum et deelweis zu Enkpäss bei der Disponibilitéit an der Andeelung vun de Bussen; hei gouf awer schnellstméiglech reagiert, ënner anerem mat Upassung vu Parameter. Stand haut kann ech soen, dass et just nach zu klengen oder méi vereenzelte Verspéidunge kënnt, déi laut interner Analys am Duerchschnitt tëschent 1-5 Minutte leien. Bei gréissere Verspéidungen huelen déi betraffe Leit gemengerhand Kontakt mat der Verwaltung op, déi dann d'Ursache sicht, fir beschtméiglech ze remédier. Eng weider Méiglechkeet wär, zesumme mat de Betraffenen ze kucken, fir hir Startzäit moieslicht ze adaptéieren a se éischer ofzehuelen. Selbstverständlech gött ëmmer am Interessi vun der Persoun gehandelt, déi transportéiert gött.

ad 3. Geplangt ass, fir all „salarié handicapé“ engem fixe Busbetrieb zouzeweisen. D'Attributioun vun engem fixe Busbetrieb géif souwuel dem Notzer wéi och dem Chauffeur eng zousätzlech Sécherheet ginn. Dës Optioun gött de Logiciel awer leider nach net hier, sou dass en zousätzlechen Développement néideg ass. Dëst Développement ass awer an Opdrag ginn; ech ginn dovunner aus, dass dëst an der zweeter Joresallschent 2022 ëmgesat wäert sinn.

ad 4. Wéi schonn uewen erwänt, huet mäi Service ee Logiciel en place gesat, deen no Ufanksschwierigkeiten an Upassung vun de Parametereen elo ronn leeft an et just nach zu wéinigen Tëscheffäll kënnt, déi bedéngt duerch de Logiciel opgetruede sinn.

Des Weideren hunn all d'Adapto-Notzer d'Méiglechkeet, op d'App zuzegräifen, déi hinnen an Echtzäit uweist, wou de Bus grad drun ass. Am Fall vun enger Verspéidung weess den Notzer Bescheid a kann direkt handelen, andeems en de Callcenter oder de Chauffeur kontaktéiert. De Chauffeur huet iwwerdeems d'Méiglechkeet, den Notzer iwwert d'App unzeruffen. An noer Zukunft wäert et dem Notzer

dann och méiglech sinn, de Chauffeur ze kontaktéieren, wann dësen net matzäiten op der Plaz ass.

Et ginn am Duerchschnitt 3.500 ofgeschlossen Adapto-Faarte pro Woch, et kann een deemno net behaupten, dass d'Notzer sech net trauen, op den Adapto zeréckzegräifen.

Zousätzlech wéilt ech och ervirhiewen, datt vill Notzer hir gebuchte Faarten och erëm annulléieren, deelweis ganz kuerzfristeg, oder guer net op der Plaz sinn, wann de Bus kënnt wéi bestallt. Wat natierlech och Repercussiounen op d'Organisatioun huet.

Natierlech göllt et, déi mënschlech Feelerquot op e Minimum ze reduzéieren. Eng Garantie op Perfektheet oder null Verspéidung ass awer schwier. Dëst göllt allerdéngs net nëmme aleng fir meng Servicer, an heiansdo mécht och en Notzer emol e Feeler, wann en zum Beispill eng Faart onbewusst falsch bucht.

**Bilan carbone personnel** | Question **5861** (03/03/2022) de **M. Fernand Kartheiser** | **M. Fred Keup** (ADR)

Verschiedene Quellen no huet Lëtzebuerg an de leschte Joren an der Moyenne e Pro-Kapp-CO<sub>2</sub>-Ausstouss vu ronn 13 Tonnen. Jee nodeem, wéi eng Parameter mat aberechent ginn, ass dësen esouguer nach méi héich. Deen d'lescht Joer vun der Europäescher Kommissioun proposéierte Klimaschutzprogramm „Fit for 55“ envisagéiert, datt den Ausstouss vun Zäregase bis 2030 ëm 55 % erfogoe soll par rapport zum Joer 1990. Europa soll iwwerdeems bis 2050 klimaneutral ginn. An der Chamber gouf an deem Kontext och scho vu politeschen Acteuren proposéiert, datt een de Pro-Kapp-CO<sub>2</sub>-Ausstouss drastesch reduzéiere muss. Géif een allerdéngs op e Modell zeréckzegräifen, wou de Bierger bezuele muss, wann hien e festgesate Pro-Kapp-CO<sub>2</sub>-Ausstouss iwwersteigt, géif dat mat sech bréngen, datt finanziell gutt gestallte Leit hire Liewensstil méi oder manner onverännert weiderféiere kënne, während déi méi aarm Leit mat massiven Aschränkungen an hirer Liewensqualität konfrontéiert wäeren.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass d'Regierung prinzipiell der Meenung, datt et gerechtfäerdigt ass, perséinlech Fräiheeten anzëschränken, fir Klimamoossnamen, ewéi d'Reduzéiere vum Pro-Kapp-CO<sub>2</sub>-Ausstouss, duerchzesetzen?
2. Kann d'Regierung de Pro-Kapp-Ausstouss vun de Lëtzebuerger Residente chiffréieren? Wéi steet d'Regierung zu där Fuerderung, datt de Pro-Kapp-CO<sub>2</sub>-Ausstouss zu Lëtzebuerg misst drastesch reduzéiert ginn a wéi eng Zilvirstellung hätt d'Regierung am Hibleck op de Pro-Kapp-CO<sub>2</sub>-Ausstouss?



**PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL**

IBRS/CCRI n°1001256



**RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID**

**LUXEMBOURG**

**CHAMBRE DES DÉPUTÉS**

**ENVOI-RÉPONSE 1001256**

**L - 3208 BETTEMBOURG**

3. Wéi eng Moossname wéilt d'Regierung am Beräich vun där perséinlecher Liewensféierung huelen, fir de Pro-Kapp-CO<sub>2</sub>-Ausstouss zu Lëtzebuerg ze reduzéieren an a wéi engem zäitleche Kader misst mat der Ëmsetzung vun esou Moossname gerechent ginn?

4. Ass sech d'Regierung an deem Kontext der Problematik bewosst, datt esou Moossnamen eventuell dozou féieren, de Gruef - an domat d'Spannungen - tëscht Arem a Räich nach zousätzlech auszewäiten?

5. Wéi eng Kompensatiounsmoossname géif d'Regierung an deem Kontext huelen, fir esou Spannungen ze vermeiden?

**Réponse** (08/04/2022) de **Mme Carole Dieschbourg**,  
Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Fir jiddereen, deen d'Klimaschutzbeméiungen eescht hëlt, ass et kloer, datt eng drastesch Reduktioun vum duerchschnëttleche Pro-Kapp-CO<sub>2</sub>-Ausstouss onëmgänglech ass. Dëst wëllt awer net heeschen, datt d'Regierung wëlles hätt, op ee Modell zeréckzegräifen, wou de Bierger bezuele misst, falls ee festgesate Pro-Kapp-CO<sub>2</sub>-Ausstouss depasséiert gëtt. D'Klimaschutzpolitik vun der Lëtzebuurger Regierung ziilt also net dorop hin, fir perséinlech Fräiheeten anzeschränken. Ganz am Géigendeel, se ass dorop ausgeriicht, fir de Bierger ze ënnerstëtzen, fir méiglechst séier aus de fossilen Energien erauszekommen.

De Pro-Kapp-CO<sub>2</sub>-Ausstouss fir déi Secteuren, déi vum Klimagesetz vum 15. Dezember 2020 erfaasst sinn, louch 2020 bei 12,1 Tonnen. D'Zäregasemissionsreduktiounszil vu Lëtzebuerg fir d'Joer 2030, dat net eleng op enger Fuerderung vun der Regierung baséiert, mee per Gesetz festgehalen gouf, setzt en Erofsetze vum duerchschnëttleche Pro-Kapp-CO<sub>2</sub>-Ausstouss ëm d'Hallschent op ronn sechs Tonne viraus.

D'Moossnamen, fir dëst Zäregasemissionsreduktiounszil ze erreechen, sinn am integréierten Energie- a Klimaplang duergeluecht. Dozou gehéieren och eng ganz Rei vu Moossnamen, fir de Bierger bei dëser Transitioun ze begleeten an ze ënnerstëtzen.

D'Regierung ass sech voll a ganz bewosst, datt déi sozial méi schwach opgestallte Stéit eng besonnesch Ënnerstëtzung brauchen, dëst ëmsou méi an den aktuellen Zäite vun héijen Energiepräisser. Dowéinst ginn déi sozial Ënnerstëtzung- a Kompensatiounsmoossnamen, déi scho bestinn, nach emol verstärkt. Esou ass ënner anerem e sozial gestaffelte Bonus par rapport zum Prime-House-Regime virgesinn.

**Pénurie de chauffeurs de bus | Question 5875**  
(04/03/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Am Artikel „In Luxemburg werden die Busfahrer knapp“, deen den 18. Februar am „Lëtzebuurger Wort“ publizéiert gouf, heescht et, datt mir zu Lëtzebuerg op ëmmer méi e staarken Mangel u Buschauffereen duersteieren an datt dës Problematik bei Chauffeuren, déi op d'mannst Basiskenntnisse an Lëtzebuergesch opweisen, besonnesch staark ausgeprägt ass. Als Ursaach ginn nieft der feelender Attraktivitéit vum Beruff ënner anerem den héije Mindestausbildungsalter vun 21 Joer an déi laang Waardezäite bei der Formatioun zu Suessem genannt. Et ass op där anerer Säit awer och esou, datt Lëtzebuerg an der Mobilitéit op eng ganz grouss Selbstännegkeet vu senge Bierger zeréckgräife kann, well d'Zuel vun Erwuessene mat engem Füherschäin an oft souguer mat engem eegenen Auto immens héich läit.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1. Wéi ass déi Decisioun motivéiert, datt jonk Leit de Busföherschäin zu Lëtzebuerg réischt mat 21 Joer kënnen maachen? Gëtt eng zäitno Gesetzesännerung envisagéiert, fir datt besonnesch jonk Leit, déi d'Schoul entwéeder scho virum Alter vun 18 Joer verlooss hunn oder se kuerz duerno verloossen, direkt mam Erreeche vun der Groussjäregkeet eng Perspektiv an dësem Beruff kënnen fannen?

2. Gesäit den Här Verkéiersminister eng zäitno Erhéijung vun de Kapazitéite vum CFC zu Suessem vir? Kéint hie sech eng Gesetzesännerung virstellen, déi et neie Chauffereen erméiglecht, hire Beruff nees auszeüben, während si op eng Plaz an dëser Formatioun waarden, an esou och éischt Erfarunge kënnen sammelen?

3. Kann den Här Minister matdeelen, wéi wäit hien déi individuell Mobilitéit och an Zukunft wëllt ënnerstëtzen, fir déi uewe genannt mobil Selbstännegkeet vun der Gesellschaft am Fall vun engem Enkpass beim ëffentlechen Transport méiglechst effizient notzen ze kënnen?

**Réponse** (08/04/2022) de **M. François Bausch**,  
Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. D'Alterslimiten, déi de Code de la route virgesäit (21 Joer fir d'Kategorie D1 an D1E a 24 Joer fir d'Kategorie D an DE) kommen aus der europäescher Füherschäinsdirektiv a sinn deemno an all Memberstaat déi selwecht. Et kann een awer och scho mat 21 Joer de Busföherschäin (D) maachen, dofir muss een dann awer d'Beruffsausbildung vun 280 Stonnen beim Centre de formation pour conducteurs zu Suessem (CFC) maachen. Et kann een och scho mat 23 an enger Formatioun vun 140 Stonnen als Buschauffer (D) schaffen oder mat 21 op enger Linn, déi dann awer net méi laang wéi 50 km däerf sinn (D) oder ouni Limit mat engem Gefier vun der Kategorie D1.

ad 2. Fir déi zweet Fro erlaben ech mir, fir op meng Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 5508 och vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen zu dem selwechte Sujet ze verweisen. Wat d'Fueren zu Berufszwecker op engem Bus ueget, ier een déi néideg Formatioun gemaach huet, esou léisst déi europäesch Direktiv dat net zou.

ad 3. De Moment ass et zwar net einfach, fir zousätzlech Chauffere fir den ëffentlechen Transport ze rekrutéieren, mee d'Buslinne kënnen awer all um gewinnthe héijen Niveau assuréiert ginn.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un abocro@chd.lu, andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfille beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

**PORT PAYÉ**  
**PS/799**





CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité  
parlementaire  
p. 03-05

Organes, commissions  
et délégations  
p. 06-09

Nouvelles  
lois  
p. 10-11

Séances  
publiques  
p. 12-91

Questions  
au Gouvernement  
p. 91-99

2021-2022

# N°12

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-05

Composition des organes,  
commissions parlementaires et  
délégations internationales ..... p. 06-09

Nouvelles lois ..... p. 10-11

Séances ..... p. 12-91

35<sup>e</sup> séance du vendredi 11 février 2022 ..... p. 12-28

36<sup>e</sup> séance du jeudi 24 février 2022 ..... p. 28-60

37<sup>e</sup> séance du mardi 1<sup>er</sup> mars 2022 ..... p. 60-91

Questions au Gouvernement ..... p. 91-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

07/11/2022

#### Concept et layout :

brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





Les Présidents de Parlement ukrainien et luxembourgeois se sont entretenus par visioconférence

## La solidarité au cœur de l'échange

« Ce matin, la ville de Kyiv a été attaquée par des missiles de fabrication iranienne qui ont visé aussi bien des infrastructures que des populations civiles. » C'est avec ces mots que le Président du Parlement ukrainien, M. Ruslan Stefanchuk, s'est adressé au Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, depuis les abris du Parlement ukrainien lors d'un entretien par visioconférence le 17 octobre 2022.



Entrevue par visioconférence entre les Présidents de Parlement ukrainien et luxembourgeois, M. Ruslan Stefanchuk et M. Fernand Etgen, en présence du Secrétaire général de la Chambre, M. Laurent Scheeck (à droite)

M. Stefanchuk a qualifié les activités russes de terroristes et a vivement critiqué les menaces nucléaires. Il a remercié le Grand-Duché de Luxembourg pour son soutien à la candidature de son pays à l'adhésion européenne, ainsi que pour l'aide en matériel militaire qui représentait, jusqu'au mois d'octobre, 16 % des dépenses du budget de la défense luxembourgeoise. Le Président de la Rada d'Ukraine espère trouver également le soutien nécessaire pour la candidature de l'Ukraine à l'OTAN et a souligné que les initiatives internationales en matière d'aide à l'Ukraine devraient encore augmenter.

Face à son homologue, M. Etgen a assuré que « le Grand-Duché est complètement solidaire avec l'Ukraine » et ajouté que le combat contre l'agresseur russe est « un combat pour nos valeurs européennes que sont la paix, la démocratie, la liberté, la dignité humaine et la solidarité ». Il a signalé que l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe a voté une résolution qualifiant le régime russe actuel de terroriste tout en demandant une réforme du Conseil de sécurité des Nations Unies dont la Russie fait partie.

Le Président de la Chambre des Députés s'est réjoui du rapprochement de l'Ukraine vers l'Union européenne et a promis de transférer les messages de son homologue ukrainien aux députés du Parlement luxembourgeois.

Conférence interparlementaire sur la stabilité, la coordination économique et la gouvernance de l'Union européenne

## Hausse des prix de l'énergie et renforcement de la résilience européenne

Les représentants des parlements nationaux et du Parlement européen se sont réunis les 10 et 11 octobre 2022 à Prague dans le cadre de la Conférence interparlementaire sur la stabilité, la coordination économique et la gouvernance de l'Union européenne (IPC-SCEG). La Chambre des Députés était représentée par M. Charles Margue, membre de la Commission des Finances et du Budget.

Dans son intervention lors de la session dédiée à la mise en œuvre et aux nouveaux défis des plans nationaux de relance et résilience, M. Margue a informé ses homologues européens que le plan pour la reprise et la résilience du Grand-Duché de Luxembourg prévoit d'investir dans la transition verte et dans la transition numérique. Il a également fait un appel à la solidarité au niveau européen, particulièrement dans la lutte contre l'inflation, au moyen de fonds publics, sans toutefois remettre en cause la transition

énergétique. Dans ce contexte, il a énuméré les mesures prises par le Gouvernement luxembourgeois pour freiner la hausse des prix de l'énergie et lutter contre l'inflation.

Les coûts de l'indépendance énergétique, notamment le financement des mesures énergétiques et climatiques, ainsi que le renforcement de la résilience économique de l'Europe pour faire face à de futures crises étaient d'autres thématiques discutées au cours de la conférence interparlementaire.

Les représentants des parlements nationaux ont souligné qu'en restant unis et solidaires, les pays de l'Union européenne sont capables de sortir des crises, la lutte contre la pandémie de la COVID-19 en étant la preuve. Face à la crise énergétique actuelle, les parlementaires ont encore souligné l'importance d'investir dans des secteurs économiques innovants.



M. Charles Margue lors de son intervention au sein de l'IPC-SCEG à Prague

### Qu'est-ce que l'IPC-SCEG ?

La Conférence interparlementaire sur la stabilité, la coordination économique et la gouvernance dans l'Union européenne (IPC-SCEG) sert d'espace d'échange de vues et de positions sur les priorités et les stratégies dans les domaines budgétaire, économique et social au niveau européen. Ce forum se réunit deux fois par an et, au cours du premier semestre de l'année, la réunion s'inscrit dans le cadre de la « Semaine parlementaire européenne » organisée par le Parlement européen à Bruxelles.



## Visite du Ministre des Affaires étrangères de Moldavie

**« La Moldavie appartient déjà à la famille européenne »**

« Le Grand-Duché de Luxembourg soutient la souveraineté et l'intégrité territoriale de la Moldavie ainsi que ses aspirations à rejoindre l'Union européenne. » Voilà les messages clés du Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, à l'adresse du Ministre des Affaires étrangères de la République de Moldavie, M. Nicu Popescu, en visite à la Chambre le 13 octobre 2022. Le Président de la Chambre a par ailleurs salué les efforts exceptionnels que la Moldavie déploie pour accueillir les réfugiés en provenance de son pays voisin, l'Ukraine.



*Les députés luxembourgeois en compagnie de M. Nicu Popescu, Ministre des Affaires étrangères de la République de Moldavie (au milieu)*

Pendant l'entretien avec le Président de la Chambre, les membres du Bureau et les membres de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, le Ministre moldave a souligné que son pays vise à rejoindre l'Union européenne en tant que pays stable et fort afin d'apporter son soutien à cette dernière. Si à l'heure actuelle, les efforts de la Moldavie pour renforcer ses relations économiques européennes et internationales se retrouvent freinés par la guerre en Ukraine, elle continue à accroître ses exportations et à attirer de nouveaux investisseurs. Par ailleurs, le pays se concentre plus particulièrement sur de multiples questions sensibles auxquelles il fait face dans les domaines de la sécurité et de l'énergie. M. Popescu est revenu dans ce contexte sur les risques liés aux projets potentiels de la Russie en matière d'énergie nucléaire.

Face à leur interlocuteur, les députés luxembourgeois ont assuré que la Moldavie appartient déjà à la famille européenne. Ils se sont intéressés à sa position à l'égard de la Communauté politique européenne (EPC), aux relations avec la région de Transnistrie et aux attitudes pro-russes en Moldavie.

Le Ministre des Affaires étrangères moldave a salué le travail au sein du nouveau forum d'États européens que constitue la Communauté politique européenne. Il a aussi expliqué que la Moldavie entretient de bonnes relations avec la Roumanie, ce qui donne un confort stratégique à son pays en matière d'approvisionnement énergétique.

## Présentation du rapport d'Amnesty International sur la situation en Afghanistan

**« Au lieu d'être protégées, les femmes se retrouvent en prison »**

Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, et le Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, M. Yves Cruchten, ont rencontré le 18 octobre 2022 Mme Marie Forestier, chercheuse pour le compte d'Amnesty International, et M. Martin Lagneau, responsable plaidoyer auprès d'Amnesty International Luxembourg, pour discuter de la situation des réfugiés afghans et des femmes en Afghanistan.

Depuis la prise du pouvoir par les talibans, le taux des mariages forcés est en train « d'exploser », alerte Mme Forestier, qui a vécu dans le pays pendant deux ans et rédige un rapport sur la situation des femmes en Afghanistan sur base de témoignages recoltés sur place.

Selon elle, plusieurs causes expliquent cette augmentation : d'un côté, les familles afghanes y voient un moyen d'assurer l'avenir de leurs filles, et de l'autre, elles veulent éviter que leurs filles soient obligées à se marier à un taliban et organisent des mariages forcés le plus tôt possible. « Les situations décrites sont tragiques et doivent alarmer », estime le Président de la Chambre des Députés.

Les femmes afghanes qui ont manifesté contre la prise de pouvoir des talibans et la privation de leurs droits fondamentaux ont été harcelées lors des démonstrations, placées en détention et torturées, a expliqué Mme Forestier. Elles n'ont plus accès aux réseaux de protection, qui ont été abolis aussitôt que les talibans eurent pris le pouvoir. « Au lieu d'être protégées, elles se retrouvent en prison », a-t-elle alerté.

Le rapport d'Amnesty International met également en lumière la situation des Afghans voulant fuir leur pays. Ils vivent un vrai calvaire, selon l'auteur du rapport au sein duquel sont recueillis des témoignages de personnes arrivant à la frontière iranienne ou turque et se faisant tirer dessus par les autorités des pays en question. Les réfugiés qui réussissent à franchir la frontière sont maltraités, torturés et expulsés.

Mme Forestier plaide pour une évacuation des Afghans vulnérables et leur réinstallation en Europe. Elle demande également aux autorités politiques de sommer la Turquie et l'Iran de mettre fin aux expulsions massives de réfugiés. En outre, elle incrimine les centres de rétention qui sont construits en Turquie avec l'aide financière de l'Union européenne et qui n'étaient initialement pas destinés à accueillir des réfugiés afghans.



*de gauche à droite : M. Martin Lagneau, responsable plaidoyer auprès d'Amnesty International Luxembourg, M. Fernand Etgen, Président de la Chambre, Mme Marie Forestier, chercheuse pour le compte d'Amnesty International, et M. Yves Cruchten, Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile*



Session plénière d'automne de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe

## Le régime russe actuel déclaré « État terroriste »

Les sessions ordinaires de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe (APCE) sont usuellement divisées en quatre parties et se déroulent sur toute une semaine de séances plénières. La quatrième et donc dernière partie de la session 2022 a été ouverte le 10 octobre 2022 au Palais de l'Europe à Strasbourg, à un moment où plusieurs villes ukrainiennes - dont la capitale Kiev - étaient prises pour cibles par des frappes de missiles russes.

### Nouvel appel au soutien par le Président ukrainien

Le Président ukrainien, M. Volodymyr Zelensky, s'est adressé aux parlementaires de l'assemblée en misant sur le pouvoir du dialogue en Europe qui devrait, selon lui, se concrétiser par la création de nouveaux mécanismes juridiques. Le message clé de son intervention consiste en un appel au soutien pour l'instauration d'un tribunal spécial pour juger la Fédération de Russie et ses dirigeants. Suite à la tenue d'un débat d'urgence consacré aux « conséquences politiques de l'agression de la Fédération de Russie contre l'Ukraine », une résolution a été adoptée à 99 voix partisans, contre une abstention d'un élu turc.

Dans ce texte, l'APCE appelle les États membres à déclarer le régime russe actuel en tant que régime terroriste. Le Prix des droits de l'homme Václav Havel, décerné annuellement à des personnes de la société civile œuvrant par des actions extraordinaires en faveur des droits humains, revient cette année à un des leaders de l'opposition russe, M. Vladimir Kara-Murza, actuellement emprisonné pour trahison.

### Une vocation paneuropéenne

Quelques jours seulement après la première rencontre de la Communauté politique européenne à Prague, la nécessité de réaffirmer la place et le rôle du Conseil de l'Europe sur le continent européen a figuré dans plusieurs discours. Pour ce faire, les parlementaires ont revendiqué la tenue d'un quatrième sommet des chefs d'État et de gouvernement, tout en soulignant l'importance d'agir pour plus de synergies et de cohérence entre l'UE et le Conseil de l'Europe. Le Secrétaire d'État des Affaires étrangères irlandais, M. Thomas Byrne, a ajouté qu'il fallait saisir l'occasion en organisant ce sommet au plus vite, de préférence sous la présidence irlandaise du Comité des Ministres à Reykjavik.

### Récompenser les progrès dans les Balkans occidentaux

Les parlementaires ont également décidé, lors d'un débat ayant trait à la perspective européenne pour les Balkans occidentaux, de donner un nouvel élan au processus d'élargissement en récompensant les progrès que ceux-ci ont réalisés. L'APCE met ainsi son expertise au profit de ceux souhaitant satisfaire les conditions d'entrée à l'Union européenne. Un exemple de récompense se retrouve dans le statut de la délégation kosovare. Celle-ci bénéficie désormais d'un nouveau statut au sein de l'APCE par le biais d'un droit de parole. Cependant, en demandant à l'Assem-

blée un rapport de suivi concernant l'enquête sur les allégations de traitement inhumain de personnes et de trafic illicite d'organes humains au Kosovo, le Premier Ministre albanais, M. Edi Rama, a considérablement freiné l'adhésion du Kosovo à l'Union européenne.

En marge de la session, les députés luxembourgeois ont eu un échange de vues avec leurs homologues kosovars. Pendant cette bilatérale, Mme Saranda Bogujevci, elle-même survivante du régime Milošević, a remercié le Luxembourg pour son soutien. Les discussions ont essentiellement porté sur l'inclusion des minorités nationales serbes dans le processus législatif.



de gauche à droite : Mme Cécile Hemmen, membre suppléante, M. Gusty Graas, Président, et Mme Octavie Modert, membre effective de la délégation luxembourgeoise auprès de l'APCE

## L'Administration parlementaire recrute :

- un huissier/chauffeur (m/f) pour les besoins du Service logistique et technique dans le groupe de traitement D2 poste à pourvoir par un changement d'administration (réf. M00022363)

En cas d'intérêt, veuillez vous référer au lien suivant :

<https://govjobs.public.lu/fr/postuler/mobilite-interne/changement-administration/2022/D2/Octobre/20221020-huissierchauffeurmfmfrfm000223-164024.html>







# Composition des organes de la Chambre des Députés et des commissions parlementaires (12 octobre 2022)

## Organes de la Chambre des Députés

### Bureau

|                 |           |                    |
|-----------------|-----------|--------------------|
| Président       | DP        | Etgen Fernand      |
| Vice-Présidents | LSAP      | Di Bartolomeo Mars |
|                 | CSV       | Spautz Marc        |
|                 | déi gréng | Bernard Djuna      |
| Membres         | LSAP      | Cruchten Yves      |
|                 | déi gréng | Lorsché Josée      |
|                 | CSV       | Mosar Laurent      |
|                 | LSAP      | Mutsch Lydia       |
|                 | DP        | Polfer Lydie       |
|                 | CSV       | Wiseler Claude     |
|                 | DP        | Beissel Simone     |
|                 | ADR       | Kartheiser Fernand |
|                 | CSV       | Hansen Martine     |

### Membres suppléants permanents

|           |                   |
|-----------|-------------------|
| DP        | Baum Gilles       |
| CSV       | Gloden Léon       |
| LSAP      | Closener Francine |
| déi gréng | Benoy François    |
| Piraten   | Clement Sven      |
| déi Lénk  | Cecchetti Myriam  |

### Secrétaire général

|  |                 |
|--|-----------------|
|  | Scheeck Laurent |
|--|-----------------|

### Conférence des Présidents

|              |           |                    |
|--------------|-----------|--------------------|
| Président    | DP        | Etgen Fernand      |
| Membres      | CSV       | Roth Gilles        |
|              | DP        | Baum Gilles        |
|              | LSAP      | Yves Cruchten      |
|              | déi gréng | Lorsché Josée      |
| Observateurs | ADR       | Kartheiser Fernand |
|              | déi Lénk  | Cecchetti Myriam   |
|              | Piraten   | Clement Sven       |

## Commissions réglementaires

### Commission des Comptes

|                 |           |                                                  |
|-----------------|-----------|--------------------------------------------------|
| Président       | CSV       | Lies Marc                                        |
| Vice-Présidente | LSAP      | Burton Tess                                      |
| Membres         | DP        | Arendt Guy, Bauler André, Graas Gusty            |
|                 | déi gréng | Gary Chantal, Margue Charles, Thill Jessie       |
|                 | LSAP      | Mutsch Lydia                                     |
|                 | CSV       | Adehm Diane, Eicher Emile, Galles Paul, Kaes Aly |
|                 | Piraten   | Clement Sven                                     |
|                 | ADR       | Engelen Jeff                                     |

### Commission de contrôle parlementaire du Service de renseignement de l'État

|            |           |                |
|------------|-----------|----------------|
| Présidente | CSV       | Hansen Martine |
| Membres    | DP        | Baum Gilles    |
|            | déi gréng | Lorsché Josée  |
|            | LSAP      | Cruchten Yves  |

### Commission des Pétitions

|                 |           |                                                                |
|-----------------|-----------|----------------------------------------------------------------|
| Présidente      | CSV       | Arendt épouse Kemp Nancy                                       |
| Vice-Présidents | déi gréng | Hansen Marc                                                    |
|                 | LSAP      | Di Bartolomeo Mars                                             |
| Membres         | DP        | Bauler André, Colabianchi Frank, Graas Gusty                   |
|                 | déi gréng | Gary Chantal                                                   |
|                 | LSAP      | Asselborn-Bintz Simone, Mutsch Lydia                           |
|                 | CSV       | Galles Paul, Halsdorf Jean-Marie, Hengel Max, Schaaf Jean-Paul |
|                 | Piraten   | Goergen Marc                                                   |
|                 | ADR       | Kartheiser Fernand                                             |

### Commission du Règlement

|                 |           |                                               |
|-----------------|-----------|-----------------------------------------------|
| Président       | ADR       | Reding Roy                                    |
| Vice-Présidente | DP        | Beissel Simone                                |
| Membres         | DP        | Bauler André, Baum Gilles                     |
|                 | déi gréng | Empain Stéphanie, Lorsché Josée, Thill Jessie |
|                 | LSAP      | Cruchten Yves, Di Bartolomeo Mars             |

|         |                                                                       |
|---------|-----------------------------------------------------------------------|
| CSV     | Adehm Diane, Gloden Léon, Hansen Martine, Modert Octavie, Spautz Marc |
| Piraten | Clement Sven                                                          |

## Commissions permanentes

### Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

|                 |           |                                                                                                                                                                                                     |
|-----------------|-----------|-----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Président       | LSAP      | Cruchten Yves                                                                                                                                                                                       |
| Vice-Présidents | DP        | Beissel Simone                                                                                                                                                                                      |
|                 | CSV       | Wiseler Claude                                                                                                                                                                                      |
| Membres         | DP        | Graas Gusty, Polfer Lydie                                                                                                                                                                           |
|                 | déi gréng | Bernard Djuna, Empain Stéphanie                                                                                                                                                                     |
|                 | LSAP      | Di Bartolomeo Mars, Mutsch Lydia                                                                                                                                                                    |
|                 | CSV       | Eicher Emile, Galles Paul ( <i>pour les volets Coopération, Immigration et Asile</i> ), Halsdorf Jean-Marie ( <i>pour le volet Affaires étrangères et européennes</i> ), Mosar Laurent, Spautz Marc |
|                 | déi Lénk  | Oberweis Nathalie                                                                                                                                                                                   |
|                 | ADR       | Kartheiser Fernand ( <i>sauf pour le volet Coopération</i> ), Keup Fred ( <i>pour le volet Coopération</i> )                                                                                        |

### Commission de vérification des pouvoirs

|                 |           |                                                                                  |
|-----------------|-----------|----------------------------------------------------------------------------------|
| Président       | Piraten   | Clement Sven                                                                     |
| Vice-Présidents | DP        | Beissel Simone                                                                   |
|                 | LSAP      | Cruchten Yves                                                                    |
| Membres         | DP        | Arendt Guy, Lamberty Claude                                                      |
|                 | déi gréng | Bernard Djuna, Margue Charles                                                    |
|                 | LSAP      | Biancalana Dan, Closener Francine                                                |
|                 | CSV       | Arendt épouse Kemp Nancy, Eicher Emile, Gloden Léon, Lies Marc, Margue Elisabeth |
|                 | ADR       | Reding Roy                                                                       |

### Sous-Commission « Avenir de l'Europe » de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

|           |           |                    |
|-----------|-----------|--------------------|
| Président | LSAP      | Cruchten Yves      |
| Membres   | DP        | Beissel Simone     |
|           | déi gréng | Empain Stéphanie   |
|           | CSV       | Wiseler Claude     |
|           | déi Lénk  | Oberweis Nathalie  |
|           | ADR       | Kartheiser Fernand |

### Sous-Commission « Télétravail » de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

|           |           |                  |
|-----------|-----------|------------------|
| Président | LSAP      | Kersch Dan       |
| Membres   | DP        | Hartmann Carole  |
|           | déi gréng | Margue Charles   |
|           | CSV       | Spautz Marc      |
|           | déi Lénk  | Cecchetti Myriam |
|           | ADR       | Engelen Jeff     |

### Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes

|                 |           |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                              |
|-----------------|-----------|------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Président       | LSAP      | Biancalana Dan                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                               |
| Vice-Présidents | DP        | Polfer Lydie ( <i>pour le volet Affaires intérieures</i> )                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                   |
|                 | CSV       | Wolter Michel                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                |
| Membres         | DP        | Baum Gilles ( <i>pour le volet Égalité entre les femmes et les hommes</i> ), Hahn Max, Lamberty Claude                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                       |
|                 | déi gréng | Gary Chantal ( <i>pour le volet Égalité entre les femmes et les hommes</i> ), Hansen Marc ( <i>pour le volet Affaires intérieures</i> ), Thill Jessie                                                                                                                                                                                                                                                                                                                        |
|                 | LSAP      | Asselborn-Bintz Simone, Weber Carlo                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                          |
|                 | CSV       | Arendt épouse Kemp Nancy ( <i>pour le volet Égalité entre les femmes et les hommes</i> ), Eicher Emile ( <i>pour le volet Affaires intérieures</i> ), Hengel Max ( <i>pour le volet Égalité entre les femmes et les hommes</i> ), Kaes Aly, Margue Elisabeth ( <i>pour le volet Égalité entre les femmes et les hommes</i> ), Mischo Georges ( <i>pour le volet Affaires intérieures</i> ), Roth Gilles ( <i>sauf pour le volet Égalité entre les femmes et les hommes</i> ) |





|          |                                                                                  |
|----------|----------------------------------------------------------------------------------|
| déi Lénk | Cecchetti Myriam ( <i>pour le volet Égalité entre les femmes et les hommes</i> ) |
| Piraten  | Goergen Marc ( <i>pour le volet Affaires intérieures</i> )                       |
| ADR      | Engelen Jeff                                                                     |

### Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

|                 |           |                                                                                                                                                         |
|-----------------|-----------|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Président       | LSAP      | Closener Francine                                                                                                                                       |
| Vice-Présidents | DP        | Arendt Guy                                                                                                                                              |
|                 | CSV       | Gloden Léon                                                                                                                                             |
| Membres         | DP        | Bauler André, Beissel Simone, Graas Gusty ( <i>pour le volet Protection des consommateurs</i> )                                                         |
|                 | déi gréng | Ahmedova Semiray, Margue Charles ( <i>sauf pour le volet Espace</i> ), Thill Jessie ( <i>pour le volet Espace</i> )                                     |
|                 | LSAP      | Burton Tess ( <i>pour le volet Protection des consommateurs</i> ), Mutsch Lydia ( <i>sauf pour le volet Protection des consommateurs</i> ), Weber Carlo |
|                 | CSV       | Adehm Diane, Mosar Laurent, Spautz Marc, Wilmes Serge                                                                                                   |
|                 | Piraten   | Clement Sven                                                                                                                                            |
|                 | ADR       | Reding Roy                                                                                                                                              |

### Commission de la Santé et des Sports

|                 |           |                                                                                                                                                                                                                                 |
|-----------------|-----------|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Président       | LSAP      | Di Bartolomeo Mars                                                                                                                                                                                                              |
| Vice-Présidents | déi gréng | Lorsché Josée                                                                                                                                                                                                                   |
|                 | CSV       | Halsdorf Jean-Marie                                                                                                                                                                                                             |
| Membres         | DP        | Baum Gilles, Graas Gusty ( <i>pour le volet Santé</i> ), Hartmann Carole, Lamberty Claude ( <i>pour le volet Sports</i> )                                                                                                       |
|                 | déi gréng | Gary Chantal ( <i>pour le volet Sports</i> ), Hansen Marc ( <i>pour le volet Santé</i> )                                                                                                                                        |
|                 | LSAP      | Closener Francine, Hemmen Cécile                                                                                                                                                                                                |
|                 | CSV       | Arendt épouse Kemp Nancy ( <i>pour le volet Sports</i> ), Hansen Martine ( <i>pour le volet Sports</i> ), Hengel Max, Mischo Georges, Spautz Marc ( <i>pour le volet Santé</i> ), Wiseler Claude ( <i>pour le volet Santé</i> ) |
|                 | déi Lénk  | Oberweis Nathalie ( <i>pour le volet Santé</i> )                                                                                                                                                                                |
|                 | Piraten   | Clement Sven ( <i>pour le volet Sports</i> )                                                                                                                                                                                    |
|                 | ADR       | Engelen Jeff                                                                                                                                                                                                                    |

### Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

|                 |           |                                                                       |
|-----------------|-----------|-----------------------------------------------------------------------|
| Présidente      | LSAP      | Burton Tess                                                           |
| Vice-Présidents | déi gréng | Benoy François                                                        |
|                 | CSV       | Hansen Martine                                                        |
| Membres         | DP        | Bauler André, Baum Gilles, Graas Gusty                                |
|                 | déi gréng | Gary Chantal                                                          |
|                 | LSAP      | Hemmen Cécile, Weber Carlo                                            |
|                 | CSV       | Eicher Emile, Eischen Félix, Kaes Aly, Modert Octavie                 |
|                 | déi Lénk  | Cecchetti Myriam ( <i>sauf pour le volet Protection des animaux</i> ) |
|                 | Piraten   | Goergen Marc ( <i>pour le volet Protection des animaux</i> )          |
|                 | ADR       | Engelen Jeff                                                          |

### Commission des Classes moyennes et du Tourisme

|                 |           |                                                                                                                                                          |
|-----------------|-----------|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Présidente      | DP        | Beissel Simone                                                                                                                                           |
| Vice-Présidents | déi gréng | Gary Chantal                                                                                                                                             |
|                 | CSV       | Eischen Félix                                                                                                                                            |
| Membres         | DP        | Arendt Guy, Hartmann Carole                                                                                                                              |
|                 | déi gréng | Ahmedova Semiray, Empain Stéphanie                                                                                                                       |
|                 | LSAP      | Burton Tess, Closener Francine                                                                                                                           |
|                 | CSV       | Arendt épouse Kemp Nancy, Eicher Emile ( <i>pour le volet Classes moyennes</i> ), Hengel Max ( <i>pour le volet Tourisme</i> ), Roth Gilles, Spautz Marc |
|                 | Piraten   | Clement Sven ( <i>pour le volet Classes moyennes</i> ), Goergen Marc ( <i>pour le volet Tourisme</i> )                                                   |
|                 | ADR       | Reding Roy                                                                                                                                               |

### Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

|                  |           |                                                                                                            |
|------------------|-----------|------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Président        | DP        | Baum Gilles                                                                                                |
| Vice-Présidentes | déi gréng | Bernard Djuna                                                                                              |
|                  | CSV       | Hansen Martine                                                                                             |
| Membres          | DP        | Bauler André ( <i>pour les volets Enseignement supérieur et Recherche</i> ), Hartmann Carole ( <i>pour</i> |

*les volets Éducation nationale, Enfance et Jeunesse*), Lamberty Claude

|           |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                  |
|-----------|------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| déi gréng | Hansen Marc ( <i>pour les volets Enseignement supérieur et Recherche</i> ), Lorsché Josée ( <i>pour les volets Éducation nationale, Enfance et Jeunesse</i> )                                                                                                                                                    |
| LSAP      | Asselborn-Bintz Simone, Burton Tess, Closener Francine                                                                                                                                                                                                                                                           |
| CSV       | Adehm Diane, Galles Paul ( <i>sauf pour la proposition de loi 7921</i> ), Hengel Max, Mischo Georges ( <i>pour les volets Éducation nationale, Enfance et Jeunesse</i> ), Modert Octavie ( <i>pour les volets Enseignement supérieur et Recherche</i> ), Wilmes Serge ( <i>pour la proposition de loi 7921</i> ) |
| déi Lénk  | Cecchetti Myriam                                                                                                                                                                                                                                                                                                 |
| ADR       | Keup Fred                                                                                                                                                                                                                                                                                                        |

### Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

|                 |           |                                                                        |
|-----------------|-----------|------------------------------------------------------------------------|
| Président       | DP        | Arendt Guy                                                             |
| Vice-Présidente | LSAP      | Mutsch Lydia                                                           |
| Membres         | DP        | Hartmann Carole, Knaff Pim                                             |
|                 | déi gréng | Bernard Djuna, Hansen Marc, Thill Jessie                               |
|                 | LSAP      | Closener Francine                                                      |
|                 | CSV       | Adehm Diane, Lies Marc, Margue Elisabeth, Modert Octavie, Wilmes Serge |
|                 | Piraten   | Clement Sven                                                           |
|                 | ADR       | Reding Roy                                                             |

### Commission de la Fonction publique

|                  |           |                                                    |
|------------------|-----------|----------------------------------------------------|
| Président        | DP        | Graas Gusty                                        |
| Vice-Présidentes | déi gréng | Empain Stéphanie                                   |
|                  | CSV       | Adehm Diane                                        |
| Membres          | DP        | Colabianchi Frank, Lamberty Claude                 |
|                  | déi gréng | Gary Chantal, Lorsché Josée                        |
|                  | LSAP      | Biancalana Dan, Cruchten Yves                      |
|                  | CSV       | Kaes Aly, Modert Octavie, Roth Gilles, Spautz Marc |
|                  | Piraten   | Goergen Marc                                       |
|                  | ADR       | Keup Fred                                          |

### Commission de la Mobilité et des Travaux publics

|                 |           |                                                                                                                        |
|-----------------|-----------|------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Présidente      | déi gréng | Gary Chantal                                                                                                           |
| Vice-Présidents | DP        | Hahn Max                                                                                                               |
|                 | CSV       | Wilmes Serge                                                                                                           |
| Membres         | DP        | Colabianchi Frank, Lamberty Claude                                                                                     |
|                 | déi gréng | Ahmedova Semiray ( <i>pour le volet Travaux publics</i> ), Hansen Marc, Thill Jessie ( <i>pour le volet Mobilité</i> ) |
|                 | LSAP      | Hemmen Cécile, Weber Carlo                                                                                             |
|                 | CSV       | Eischen Félix, Kaes Aly, Lies Marc, Spautz Marc                                                                        |
|                 | Piraten   | Goergen Marc                                                                                                           |
|                 | ADR       | Engelen Jeff                                                                                                           |

### Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

|                 |           |                                                                                                                                                                                              |
|-----------------|-----------|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Président       | déi gréng | Benoy François                                                                                                                                                                               |
| Vice-Présidents | DP        | Hahn Max                                                                                                                                                                                     |
|                 | CSV       | Kaes Aly                                                                                                                                                                                     |
| Membres         | DP        | Bauler André, Graas Gusty                                                                                                                                                                    |
|                 | déi gréng | Ahmedova Semiray ( <i>pour les volets Énergie et Aménagement du territoire</i> ), Empain Stéphanie ( <i>pour les volets Environnement et Climat</i> ), Thill Jessie                          |
|                 | LSAP      | Hemmen Cécile, Weber Carlo                                                                                                                                                                   |
|                 | CSV       | Eischen Félix ( <i>pour les volets Énergie et Aménagement du territoire</i> ), Galles Paul ( <i>pour les volets Environnement et Climat</i> ), Hansen Martine, Roth Gilles, Schaaf Jean-Paul |
|                 | déi Lénk  | Cecchetti Myriam                                                                                                                                                                             |
|                 | ADR       | Keup Fred                                                                                                                                                                                    |

### Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

|                 |           |                                                                                                                                                     |
|-----------------|-----------|-----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Présidente      | déi gréng | Empain Stéphanie                                                                                                                                    |
| Vice-Présidents | LSAP      | Biancalana Dan                                                                                                                                      |
|                 | CSV       | Arendt épouse Kemp Nancy                                                                                                                            |
| Membres         | DP        | Bauler André ( <i>sauf pour le volet Sécurité intérieure</i> ), Graas Gusty, Hahn Max, Lamberty Claude ( <i>pour le volet Sécurité intérieure</i> ) |
|                 | déi gréng | Ahmedova Semiray, Benoy François                                                                                                                    |





|         |                                                               |
|---------|---------------------------------------------------------------|
| LSAP    | Mutsch Lydia                                                  |
| CSV     | Adehm Diane, Gloden Léon, Halsdorf Jean-Marie, Mischo Georges |
| Piraten | Goergen Marc                                                  |
| ADR     | Kartheiser Fernand                                            |

**Commission de la Justice**

|                 |           |                                                                                                                                                         |
|-----------------|-----------|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Président       | déi gréng | Margue Charles                                                                                                                                          |
| Vice-Présidents | LSAP      | Biancalana Dan                                                                                                                                          |
|                 | CSV       | Roth Gilles                                                                                                                                             |
| Membres         | DP        | Arendt Guy, Hartmann Carole, Knaff Pim                                                                                                                  |
|                 | déi gréng | Benoy François, Empain Stéphanie                                                                                                                        |
|                 | LSAP      | Hemmen Cécile                                                                                                                                           |
|                 | CSV       | Adehm Diane ( <i>pour les dossiers nationaux</i> ), Gloden Léon, Margue Elisabeth ( <i>pour les dossiers européens</i> ), Modert Octavie, Mosar Laurent |
|                 | Piraten   | Goergen Marc                                                                                                                                            |
|                 | ADR       | Reding Roy                                                                                                                                              |

**Sous-commission « Préservation des entreprises et Modernisation du droit de la faillite » de la Commission de la Justice**

|         |           |                |
|---------|-----------|----------------|
| Membres | DP        | Arendt Guy     |
|         | déi gréng | Margue Charles |
|         | LSAP      | Hemmen Cécile  |
|         | CSV       | Gloden Léon    |
|         | Piraten   | Goergen Marc   |
|         | ADR       | Reding Roy     |

**Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire**

|                 |           |                                                                  |
|-----------------|-----------|------------------------------------------------------------------|
| Présidente      | CSV       | Adehm Diane                                                      |
| Vice-Présidents | déi gréng | Thill Jessie                                                     |
|                 | LSAP      | Kersch Dan                                                       |
| Membres         | DP        | Arendt Guy, Bauler André, Colabianchi Frank                      |
|                 | déi gréng | Ahmedova Semiray                                                 |
|                 | LSAP      | Di Bartolomeo Mars, Weber Carlo                                  |
|                 | CSV       | Halsdorf Jean-Marie, Hansen Martine, Modert Octavie, Roth Gilles |
|                 | Piraten   | Clement Sven                                                     |
|                 | ADR       | Kartheiser Fernand                                               |

**Commission de la Culture**

|                  |           |                                                                                                                              |
|------------------|-----------|------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Présidente       | déi gréng | Bernard Djuna                                                                                                                |
| Vice-Présidentes | LSAP      | Asselborn-Bintz Simone                                                                                                       |
|                  | CSV       | Modert Octavie                                                                                                               |
| Membres          | DP        | Bauler André, Knaff Pim, Polfer Lydie                                                                                        |
|                  | déi gréng | Ahmedova Semiray, Benoy François ( <i>pour le volet Patrimoine</i> ), Lorsché Josée ( <i>sauf pour le volet Patrimoine</i> ) |
|                  | LSAP      | Mutsch Lydia                                                                                                                 |
|                  | CSV       | Arendt épouse Kemp Nancy, Eicher Emile, Margue Elisabeth, Mischo Georges                                                     |
|                  | déi Lénk  | Oberweis Nathalie                                                                                                            |
|                  | ADR       | Keup Fred                                                                                                                    |

**Commission de la Famille et de l'Intégration**

|                 |           |                                                             |
|-----------------|-----------|-------------------------------------------------------------|
| Président       | DP        | Hahn Max                                                    |
| Vice-Présidents | LSAP      | Asselborn-Bintz Simone                                      |
|                 | CSV       | Spautz Marc                                                 |
| Membres         | DP        | Baum Gilles, Hartmann Carole                                |
|                 | déi gréng | Bernard Djuna, Gary Chantal, Margue Charles                 |
|                 | LSAP      | Burton Tess                                                 |
|                 | CSV       | Galles Paul, Mischo Georges, Schaaf Jean-Paul, Wilmes Serge |
|                 | déi Lénk  | Cecchetti Myriam                                            |
|                 | ADR       | Keup Fred                                                   |

**Commission des Finances et du Budget**

|                 |           |                                                            |
|-----------------|-----------|------------------------------------------------------------|
| Président       | DP        | Bauler André                                               |
| Vice-Présidents | LSAP      | Cruchten Yves                                              |
|                 | CSV       | Mosar Laurent                                              |
| Membres         | DP        | Arendt Guy, Hahn Max                                       |
|                 | déi gréng | Benoy François, Lorsché Josée                              |
|                 | LSAP      | Biancalana Dan, Kersch Dan                                 |
|                 | CSV       | Hansen Martine, Roth Gilles, Wiseler Claude, Wolter Michel |

|         |                                                                                                                         |
|---------|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Piraten | Clement Sven                                                                                                            |
| ADR     | Kartheiser Fernand ( <i>sauf pour le volet Place financière</i> ), Reding Roy ( <i>pour le volet Place financière</i> ) |

**Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle**

|                 |           |                                                            |
|-----------------|-----------|------------------------------------------------------------|
| Président       | LSAP      | Di Bartolomeo Mars                                         |
| Vice-Présidents | DP        | Beissel Simone                                             |
|                 | CSV       | Gloden Léon                                                |
| Membres         | DP        | Arendt Guy, Bauler André                                   |
|                 | déi gréng | Lorsché Josée, Margue Charles                              |
|                 | LSAP      | Biancalana Dan, Hemmen Cécile                              |
|                 | CSV       | Hansen Martine, Roth Gilles, Wiseler Claude, Wolter Michel |
|                 | déi Lénk  | Oberweis Nathalie                                          |
|                 | ADR       | Kartheiser Fernand                                         |

**Commission du Logement**

|                 |           |                                                           |
|-----------------|-----------|-----------------------------------------------------------|
| Présidente      | déi gréng | Ahmedova Semiray                                          |
| Vice-Présidents | DP        | Hahn Max                                                  |
|                 | CSV       | Lies Marc                                                 |
| Membres         | DP        | Bauler André, Colabianchi Frank                           |
|                 | déi gréng | Benoy François, Thill Jessie                              |
|                 | LSAP      | Cruchten Yves, Di Bartolomeo Mars                         |
|                 | CSV       | Eischen Félix, Hengel Max, Margue Elisabeth, Wilmes Serge |
|                 | déi Lénk  | Oberweis Nathalie                                         |
|                 | ADR       | Reding Roy                                                |

**Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale**

|                 |           |                                                                                                                                             |
|-----------------|-----------|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Président       | LSAP      | Kersch Dan                                                                                                                                  |
| Vice-Présidents | déi gréng | Margue Charles                                                                                                                              |
|                 | CSV       | Spautz Marc                                                                                                                                 |
| Membres         | DP        | Colabianchi Frank, Hartmann Carole, Knaff Pim                                                                                               |
|                 | déi gréng | Bernard Djuna ( <i>sauf pour le volet Sécurité sociale</i> ), Hansen Marc ( <i>pour le volet Sécurité sociale</i> )                         |
|                 | LSAP      | Closener Francine ( <i>sauf pour le volet Sécurité sociale</i> ), Di Bartolomeo Mars ( <i>pour le volet Sécurité sociale</i> ), Weber Carlo |
|                 | CSV       | Galles Paul, Halsdorf Jean-Marie, Kaes Aly, Roth Gilles                                                                                     |
|                 | déi Lénk  | Cecchetti Myriam                                                                                                                            |
|                 | ADR       | Engelen Jeff                                                                                                                                |

**Groupe de travail « Conférence des Présidents des Commissions permanentes »**

|           |           |                                                                                   |
|-----------|-----------|-----------------------------------------------------------------------------------|
| Président | DP        | Etgen Fernand                                                                     |
| Membres   | DP        | Arendt Guy, Bauler André, Baum Gilles, Beissel Simone, Graas Gusti, Hahn Max      |
|           | déi gréng | Ahmedova Semiray, Benoy François, Bernard Djuna, Empain Stéphanie, Margue Charles |
|           | LSAP      | Biancalana Dan, Burton Tess, Cruchten Yves, Di Bartolomeo Mars                    |
|           | CSV       | Adehm Diane, Arendt épouse Kemp Nancy, Hansen Martine, Lies Marc                  |
|           | Piraten   | Clement Sven                                                                      |
|           | ADR       | Reding Roy                                                                        |

**Commissions spéciales****Commission spéciale « Tripartite »**

|                 |           |                                                            |
|-----------------|-----------|------------------------------------------------------------|
| Président       | DP        | Baum Gilles                                                |
| Vice-Présidents | déi gréng | Lorsché Josée                                              |
|                 | CSV       | Roth Gilles                                                |
| Membres         | DP        | Arendt Guy, Bauler André                                   |
|                 | déi gréng | Benoy François                                             |
|                 | LSAP      | Cruchten Yves, Di Bartolomeo Mars, Kersch Dan              |
|                 | CSV       | Hansen Martine, Mosar Laurent, Spautz Marc, Wiseler Claude |
|                 | Piraten   | Clement Sven                                               |
|                 | ADR       | Kartheiser Fernand                                         |



# Délégations luxembourgeoises auprès des Assemblées parlementaires internationales (11 octobre 2022)

## Conférence sur l'avenir de l'Europe

### Membres effectifs :

Beissel Simone (DP)  
Cruchten Yves (LSAP)  
Oberweis Nathalie (déi Lénk)  
Wiseler Claude (CSV)

## Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe (APCE)

### Membres effectifs :

Graas Gusty (DP), Président de la délégation  
Lorsché Josée (déi gréng)  
Modert Octavie (CSV)

### Membres suppléants :

Galles Paul (CSV)  
Hemmen Cécile (LSAP)  
Hengel Max (CSV)

## Assemblée parlementaire de l'Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe (APOSCE)

### Membres effectifs :

Graas Gusty (DP), Président de la délégation  
Halsdorf Jean-Marie, Vice-Président (CSV)  
Baum Gilles (DP)  
Biancalana Dan (LSAP)  
Lorsché Josée (déi gréng)

### Membres suppléants :

Di Bartolomeo Mars (LSAP)  
Eicher Emile (CSV)  
Margue Charles (déi gréng)  
Mutsch Lydia (LSAP)  
Reding Roy (ADR)

## Assemblée parlementaire de l'Union pour la Méditerranée (AP-UpM)

### Membres effectifs :

Mutsch Lydia (LSAP), Présidente de la délégation  
Beissel Simone (DP)  
Modert Octavie (CSV)

### Membres suppléants :

Gloden Léon (CSV)  
Margue Charles (déi gréng)

## Assemblée parlementaire de l'OTAN (APOTAN)

### Membres effectifs :

Mutsch Lydia (LSAP), Présidente de la délégation  
Arendt épouse Kemp Nancy (CSV)  
Graas Gusty (DP)

### Membres suppléants :

Ahmedova Semiray (déi gréng)  
Clement Sven (Piraten)  
Halsdorf Jean-Marie (CSV)

## Conférence des organes spécialisés dans les affaires communautaires (COSAC)

### Membres effectifs :

Cruchten Yves (LSAP), Président de la délégation  
Baum Gilles (DP)  
Gary Chantal (déi gréng)  
Kartheiser Fernand (ADR)  
Lamberty Claude (DP)  
Wiseler Claude (CSV)

## Assemblée interparlementaire Benelux

### Membres effectifs :

Hemmen Cécile (LSAP), Présidente de la délégation  
Adehm Diane (CSV)

### Engelen Jeff (ADR)

Graas Gusty (DP)  
Lorsché Josée (déi gréng)  
Mutsch Lydia (LSAP)  
Roth Gilles (CSV)

### Membres suppléants :

Arendt Guy (DP)  
Bernard Djuna (déi gréng)  
Eicher Emile (CSV)  
Kaes Aly (CSV)  
Kersch Dan (LSAP)  
Keup Fred (ADR)  
Weber Carlo (LSAP)

## Conseil parlementaire interrégional (CPI)

### Membres effectifs :

Etgen Fernand, Président (DP), Président de la Chambre des Députés, membre d'office  
Adehm Diane (CSV)  
Eicher Emile (CSV)  
Hartmann Carole (DP)  
Hemmen Cécile (LSAP)  
Lamberty Claude (DP)  
Margue Charles (déi gréng)  
Oberweis Nathalie (déi Lénk)  
Roth Gilles (CSV)  
Weber Carlo (LSAP)

### Membres suppléants :

Arendt Guy (DP)  
Baum Gilles (DP)  
Cruchten Yves (LSAP)  
Di Bartolomeo Mars (LSAP)  
Galles Paul (CSV)  
Halsdorf Jean-Marie (CSV)  
Keup Fred (ADR)  
Mischo Georges (CSV)  
Thill Jessie (déi gréng)

## Conférence interparlementaire pour la politique étrangère et de sécurité commune (PESC) et la politique de sécurité et de défense commune (PSDC)

### Membres effectifs :

Empain Stéphanie (déi gréng), Présidente de la délégation  
Baum Gilles (DP)  
Gloden Léon (CSV)  
Halsdorf Jean-Marie (CSV)  
Kartheiser Fernand (ADR)  
Mutsch Lydia (LSAP)

## Assemblée parlementaire de la francophonie (APF)

### Membres effectifs :

Graas Gusty (DP), Président de la délégation  
Adehm Diane (CSV)  
Di Bartolomeo Mars (LSAP)  
Knaff Pim (DP)  
Lorsché Josée (déi gréng)  
Mosar Laurent (CSV)

## Union interparlementaire (UIP)

### Membres effectifs :

Beissel Simone (DP)  
Bernard Djuna (déi gréng)  
Cruchten Yves (LSAP)  
Di Bartolomeo Mars (LSAP)  
Etgen Fernand (DP)  
Hansen Martine (CSV)

### Lorsché Josée (déi gréng)

Mosar Laurent (CSV)  
Mutsch Lydia (LSAP)  
Polfer Lydie (DP)  
Spautz Marc (CSV)  
Wiseler Claude (CSV)

## Conférence interparlementaire sur la stabilité, la gouvernance économique et la gouvernance au sein de l'Union européenne (SCEG)

### Membres effectifs :

Bauler André (DP)  
Clement Sven (Piraten)  
Margue Charles (déi gréng)  
Mosar Laurent (CSV)  
Mutsch Lydia (LSAP)  
Wolter Michel (CSV)

## Groupe de contrôle parlementaire conjoint d'Europol (Europol « JPSG » - joint parliamentary scrutiny group)

### Membres effectifs :

Empain Stéphanie (déi gréng), Présidente de la délégation  
Biancalana Dan (LSAP)  
Halsdorf Jean-Marie (CSV)  
Oberweis Nathalie (déi Lénk)

### Membres suppléants :

Goergen Marc (Piraten)  
Hartmann Carole (DP)  
Thill Jessie (déi gréng)



## Interopérabilité des systèmes de télépéage routier

### 7874 - Projet de loi concernant l'interopérabilité des systèmes de télépéage routier et facilitant l'échange transfrontière d'informations relatives au défaut de paiement des redevances routières dans l'Union européenne

Le projet de loi a comme objet la transposition de la directive (UE) 2019/520 du Parlement européen et du Conseil du 19 mars 2019 concernant l'interopérabilité des systèmes de télépéage routier et facilitant l'échange transfrontière d'informations relatives au défaut de paiement des redevances routières dans l'Union, ci-après la « directive (UE) 2019/520 ». Elle abroge la directive 2004/52/CE du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 concernant l'interopérabilité des systèmes de télépéage routier dans la Communauté, ci-après la « directive de 2004 ».

La directive (UE) 2019/520 a pour objectifs d'assurer l'interopérabilité des systèmes de télépéage sur l'ensemble du réseau routier de l'Union européenne et de faciliter l'échange transfrontière de données d'immatriculation concernant les véhicules et les propriétaires ou détenteurs de véhicules pour lesquels il y a eu défaut de paiement de tout type de redevance routière dans l'Union. L'objectif d'interopérabilité est notamment poursuivi au moyen d'un système européen de télépéage, ci-après « SET », complémentaire par rapport aux services de télépéage nationaux.

Même s'il n'est pas prévu actuellement d'instaurer un péage sur le réseau routier national, le Luxembourg reste de toute façon obligé à transposer la directive (UE) 2019/520, qui met par ailleurs en place des règles européennes d'échange de données d'immatriculation concernant les véhicules et les propriétaires ou détenteurs dans le but de réagir face au défaut de paiement.

La nouvelle directive (UE) 2019/520 prévoit une procédure d'échange d'informations sur le défaut de paiement de redevances routières et permettra ainsi aux différents acteurs auxquels un paiement d'une redevance routière est dû de réclamer ces montants aux usagers de route dont les voitures sont immatriculées dans d'autres États membres. En ce qui concerne le Luxembourg, cet échange d'informations permettra ainsi à l'Administration des douanes et accises d'identifier les contrevenants non-résidents en cas de non-paiement de l'Eurovignette. En effet, bien que le Luxembourg n'ait pas introduit de système de péage général, nous percevons néanmoins - en tant qu'État signataire de l'Accord du 9 février 1994 relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds, dit « Eurovignette » - une redevance pour les véhicules utilitaires d'une masse maximale autorisée de 12 tonnes ou plus circulant sur les voies nationales faisant partie du réseau transeuropéen.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 25/08/2021

Rapportrice : Mme Chantal Gary

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

(Présidente : Mme Chantal Gary) :

09/12/2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

03/02/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

10/02/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 24/02/2022

Loi du 1<sup>er</sup> avril 2022

Mémorial A : 2022, n° 171, page 1

- répondre à un avis motivé, au titre de l'article 258 TFUE, pour absence de communication des mesures de transposition en droit interne de la directive (UE) 2016/2370 du Parlement européen et du Conseil du 14 décembre 2016 modifiant la directive 2012/34/UE prémentionnée en ce qui concerne l'ouverture du marché des services nationaux de transport de voyageurs par chemin de fer et la gouvernance de l'infrastructure ferroviaire, ci-après la « directive (UE) 2016/2370 ».

Le Grand-Duché se voit reprocher plus précisément la transposition incorrecte ou l'absence de transposition des articles 31 (paragraphe 6), 33, 35, 37 et de l'annexe VI de la directive 2012/34/UE et l'absence de transposition de l'article 1<sup>er</sup>, point 8) de la directive (UE) 2016/2370, qui introduisait un article 13bis dans la directive 2012/34/UE. Ces deux directives étant transposées par la loi du 6 juin 2019 précitée, la loi en projet entend assurer leur transposition correcte et complète en modifiant cette même loi.

Précisons que les procédures d'infractions lancées en décembre 2020 visaient initialement un nombre de dispositions et d'articles bien plus élevé (15 articles et une annexe), mais qui ont pu être réduites, suite aux échanges avec la Commission européenne, à 4 articles ainsi que l'annexe.

Il était initialement prévu d'intégrer ces dispositions dans les travaux de fusion déjà en cours, des piliers politique et technique du quatrième paquet ferroviaire, transposés par la loi du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire (pilier politique), respectivement par la loi du 5 février 2021 relative à l'interopérabilité ferroviaire, à la sécurité ferroviaire et à la certification des conducteurs de train (pilier technique). Vu l'urgence due aux procédures d'infraction, il a toutefois semblé préférable de modifier de manière ponctuelle et prioritaire la loi du 6 juin 2019 afin d'y intégrer toutes les dispositions n'ayant pas satisfaites la Commission européenne. La fusion des piliers politique et technique interviendra ultérieurement.

Les modifications proposées par le présent projet de loi concernent l'insertion en droit national de dispositions relatives aux plans d'urgence en cas de perturbation majeure des services dans le cadre des services de transport de voyageurs. En matière de tarification est par ailleurs intégré un système de redevances basé sur des procédures appropriées en vue d'une meilleure compétitivité du système ferroviaire au sein de l'Union et d'une utilisation efficace des réseaux ferroviaires concernés. Les modalités de calcul et l'application de certaines modulations et réductions de redevances sont dorénavant prévues sur base de prescriptions et critères prédéfinis dans le texte légal ainsi que dans l'annexe de référence.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 21/10/2021

Rapportrice : Mme Chantal Gary

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics  
(Présidente : Mme Chantal Gary) :

02/12/2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

03/02/2022 Désignation d'un nouveau rapporteur

Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

10/02/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 24/02/2022

Loi du 18 mars 2022

Mémorial A : 2022, n° 140, page 1

## Infrastructure ferroviaire

### 7903 - Projet de loi modifiant la loi du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire

Le projet de loi vise à compléter la loi du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire, afin de :

- se conformer aux deux procédures d'infraction n° 2020/2303 et n° 2020/2311, lancées par la Commission européenne à l'encontre du Grand-Duché de Luxembourg pour non-transposition intégrale de la directive 2012/34/UE du Parlement européen et du Conseil du 21 novembre 2012 établissant un espace ferroviaire unique européen, ci-après la « directive 2012/34/UE », ou la non-conformité du droit national au droit européen, et de

## Nouvelle loi Covid-19

### 7964 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Le présent projet de loi se propose d'apporter des adaptations à la version actuelle de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19, dite « loi Covid ».

1) Changement concernant le régime CovidCheck

Le régime 2G+ est remplacé par le régime 3G. L'accès aux manifestations, événements, rassemblements et établissements est dès lors réservé aux personnes ayant :

- un certificat de vaccination datant de moins de 270 jours (neuf mois) ;
- un certificat relatif à la vaccination de rappel (dans ce cas, il n'y a pas de limite de validité) ;



- un certificat de test négatif TAAN (PCR) ou un test antigénique rapide Sars-CoV-2 certifié en cours de validité ;
- un certificat de rétablissement (dont la date de validité n'excède pas 180 jours, soit six mois).

Trois exceptions sont prévues :

- une première exception concerne les personnes titulaires d'un certificat de contre-indication à la vaccination. Dans ce cas, l'accès aux événements, établissements etc. est soumis à la présentation d'un résultat de test autodiagnostique négatif réalisé sur place. À noter que la présentation d'un certificat en cours de validité d'un test PCR ou d'un test antigénique rapide Sars-CoV-2 certifié et dont le résultat est négatif est également acceptée ;
- une deuxième exception vaut pour les enfants âgés de moins de douze ans et deux mois ;
- enfin, une troisième exception vaut pour les rassemblements et événements qui se déroulent au domicile privé. Ces derniers ne sont soumis à aucune condition.

À noter que la durée de validité du certificat de vaccination dans le cadre du régime CovidCheck (désormais 3G) est alignée sur celle pour les voyages, prévue par la réglementation européenne, soit neuf mois (contre six mois jusqu'à présent dans le cadre du régime CovidCheck 2G+).

## 2) Changements concernant le monde du travail

- Suite à un accord tripartite entre partenaires sociaux et le Gouvernement, le régime 3G, actuellement applicable de manière obligatoire sur le lieu de travail, redevient facultatif. Il s'agit d'un retour à la logique du dispositif qui a été en vigueur jusqu'au 14 janvier 2022.

- L'horaire normal de fermeture du secteur Horeca est rétabli par le présent projet de loi. Selon la loi actuellement en vigueur, l'horaire de fermeture des restaurants, cafés et bars est fixé à 23.00 heures.

## 3) Changements concernant les rassemblements

Les rassemblements et événements qui se déroulent au domicile ne sont plus soumis à aucune condition.

Les seuils en matière de rassemblements sont modifiés par le présent projet de loi :

- pour des rassemblements mettant en présence entre 11 et 50 personnes, si le rassemblement n'est pas organisé sous le régime CovidCheck, la double condition du port du masque et d'une distance minimale de deux mètres est imposée ;
- pour des rassemblements mettant en présence entre 51 et 200 personnes, si le rassemblement n'est pas organisé sous le régime CovidCheck, la triple condition du port du masque, d'être installé à une place assise et d'une distance minimale de deux mètres est imposée ;
- des rassemblements mettant en présence entre 201 et 2.000 personnes sont en principe soumis au régime CovidCheck, sinon la triple condition du port du masque, d'être installé à une place assise et d'une distance minimale de deux mètres est imposée ;
- au-delà de 2.000 personnes, les rassemblements sont autorisés sous condition de faire l'objet d'un protocole sanitaire à accepter préalablement par la Direction de la santé. À noter que passé le délai de dix jours ouvrables dès réception du protocole, le silence de la part de la Direction de la santé vaut désormais acceptation du protocole.

Les dispositions concernant les activités sportives et culturelles ont été adaptées afin de tenir compte de la réintroduction du régime 3G. Ce régime vaut à partir du moment où le nombre du groupe dépasse dix personnes. Cela vaut également pour les activités péri- et parascolaires, à partir du moment où le nombre du groupe dépasse les dix personnes.

## 4) Changements concernant la vaccination

Pour tous les enfants mineurs jusqu'à l'âge de 15 ans, l'autorisation parentale à la vaccination d'un seul titulaire (de l'autorité parentale) est suffisante. Il est maintenu qu'à partir de 16 ans, les mineurs n'ont pas besoin de l'accord parental pour se faire vacciner contre la Covid-19.

## 5) Changements concernant la quarantaine et l'isolement

- La mise en quarantaine en cas de contact de personnes à haut risque d'être infectées est supprimée.

- En matière d'isolement, le délai (en règle générale dix jours) peut être raccourci, si la personne infectée réalise deux tests antigéniques rapides Sars-CoV-2 à vingt-quatre heures d'écart et dont les résultats sont négatifs. Les règles relatives à l'isolement dans le cadre des établissements pénitentiaires et du Centre de rétention sont également adaptées en conséquence.

Ces nouvelles mesures resteront applicables jusqu'au 30 avril 2022 inclus.

La loi future entrera en vigueur le jour de sa publication au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg.

Dépôt par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 07/02/2022

Rapporteur : M. Mars Di Bartolomeo

Travaux de la Commission de la Santé et des Sports

(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :

07/02/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

10/02/2022 Présentation d'une série d'amendements gouvernementaux

Examen de l'avis du Conseil d'État

11/02/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 11/02/2022

Loi du 11 février 2022

Mémorial A : 2022, n° 53, page 1

## Covid-19 : Disposition dérogatoire au Code du travail

**7969 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail**

Le présent projet de loi vise à prolonger les dispositions introduites par la loi du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51 et L. 234-53 du Code du travail en ce qui concerne les articles 4 à 7 de la même loi jusqu'au 30 avril 2022 inclus. La présente loi entre en vigueur le 1<sup>er</sup> mars 2022.

Cette nouvelle prolongation de la disposition dérogatoire contenue dans la loi prémentionnée du 22 janvier 2021 vise à tenir compte de l'évolution de la situation épidémiologique et des dernières données scientifiques relatives au variant Omicron. Il est ainsi assuré la possibilité d'un droit au congé pour raisons familiales pour les parents dont les enfants ne peuvent pas être pris en charge dans l'école, dans un service d'accueil ou d'éducation pour enfants ou dans une autre structure d'accueil, parce que ceux-ci ont été partiellement ou totalement fermés ou encore parce qu'il a été décidé de mettre en place un système d'enseignement à distance partiel.

Dépôt par M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 17/02/2022

Rapporteur : M. Dan Kersch

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

(Président : M. Dan Kersch) :

21/02/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

24/02/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 24/02/2022

Loi du 28 février 2022

Mémorial A : 2022, n° 70, page 1



## Sommaire

1. **Ouverture de la séance publique** ..... p. 12  
M. Fernand Etgen, Président
2. **Communications** ..... p. 12  
M. Fernand Etgen, Président
3. **Ordre du jour** ..... p. 12  
M. Fernand Etgen, Président
4. **7964 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19** ..... p. 12  
Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo  
Discussion générale : M. Claude Wiseler (dépôt d'une demande de vote séparé sur l'article 3) (interventions de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, et M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire) | M. Gilles Baum (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Jeff Engelen (intervention de M. Gilles Baum) (dépôt des motions 1 et 2) | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement (interventions de M. Mars Di Bartolomeo)  
Prises de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) (interventions de M. le Premier Ministre Xavier Bettel) | M. le Premier Ministre Xavier Bettel | M. Fernand Kartheiser

(parole pour fait personnel) (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) (rappel à l'ordre par M. le Président) | M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | M. Claude Wiseler (parole après ministre) (intervention de M. le Ministre Georges Engel) | M. le Ministre Georges Engel (interventions de M. Claude Wiseler) | Mme Lydie Polfer (parole après ministre) | M. Marc Hansen Ministre de la Fonction publique | Mme Simone Asselborn-Bintz (parole après ministre) | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé  
Vote séparé sur l'article 3 (adopté)  
Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel  
Motion 1 : M. Yves Cruchten | M. Sven Clement | Mme Nathalie Oberweis | M. Claude Wiseler  
Vote sur la motion 1 (rejetée)  
M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État  
Motion 2 : M. Yves Cruchten | M. Sven Clement | Mme Nathalie Oberweis | M. Claude Wiseler  
Vote sur la motion 2 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre ; M. Marc Hansen et M. Georges Engel, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 13.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Nee, Här President, dat ass net de Fall.

## 2. Communications

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

**Communications du Président - séance publique du 11 février 2022**

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Le projet de loi suivant a été déposé à l'Administration parlementaire :

7965 - Projet de loi portant approbation de l'Avenant, fait à Luxembourg, le 31 août 2021, à la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique en vue d'éviter les doubles impositions et de régler certaines autres questions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg le 17 septembre 1970, tels que modifiés par les Avenants du 11 décembre 2002, du 16 juillet 2009 et du 5 décembre 2017

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 09/02/2022

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2227 - Demande de pétition publique : Les cantines doivent arrêter de vendre du matériel en plastique.

Dépôt : Marco Pinto Cerqueira, le 08/02/2022

2228 - Demande de pétition publique : Résoudre le problème des logements hors de prix

Dépôt : Léo Benkel, le 08/02/2022

2229 - Demande de pétition publique : Baisser le prix sur la pompe / Den Preis an den Tankstellen wieder senken / De Präis un den Tankstellen rëm erofsetzen

Dépôt : Kevin Raach, le 08/02/2022

2230 - Demande de pétition ordinaire : Abolition de l'impôt fortune pour les sociétés à responsabilité limitée simplifiées

Dépôt : Aleks Panzone, le 09/02/2022

2231 - Demande de pétition publique : Friddensfest statt Militärparad fir Nationalfeierdag / Friedensfest statt Militärparade zum Nationalfeiertag / Une fête de la paix au lieu d'un défilé militaire pour la fête nationale

Dépôt : Alfred Groff, le 10/02/2022

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

## 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 4. 7964 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Op eisem Ordre du jour vun de Mëtteg steet de Projet de loi 7964, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Aféierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, den Här Gilles Baum, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi an dat ass ...: den

honorabelen Här Mars Di Bartolomeo! Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha et hilarité)

**Rapport de la Commission de la Santé et des Sports**

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, Kolleeginnen a Kolleegen, ech war elo schonn erfieert, well ech gefaart hat, de President géif en aneren Numm nennen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Dat ass mir nach ni geschitt.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Et ass fir d'27., wou ech virun Iech sti mat engem Covid-gesetz oder engem Gesetz, dat direkt eppes mat der Bekämpfung vum Virus ze dinn huet.

Viru genee engem Mount hunn ech am Numm vun eiser Gesondheetskommisioun e weidert Gesetz an eisem Kampf géint de Covidvirus misse virstellen. Ech ënnersträichen: „misse“ virstellen, well ech dat net gär gemaach hunn, gradesou weéng wéi all déi Kolleeginnen a Kolleegen, déi dat Gesetz ausgeschafft haten, hei diskutéiert a gestëmmt oder och net gestëmmt hunn.

Mee dat Gesetz war néideg, well mer zu deem Zäitpunkt hu missen dovun ausgoen, datt déi nei Variant vun där ustiechender Krankheet, déi wéi en Tsunami iwwer eis gerullt ass, net nëmmen Zéngtausende Leit kéint ustiechen, mee eise Gesondheetssystem zum Kollaps kéint bréngen, jo, ganz Secteure vun eisem Wirtschafts-, Sécherheits- a Sozialsystem kéint gefaerden. Mir hunn duerfir eng Rei vu méi restriktive Moosname misse beschléissen, déi eis all weégedoen hunn an no bal zwee Joer Op an Of, Hoffnungen, Ängshten an Enttäuschungen bis un eis Limitte bruecht hunn.

Haut trieden ech also mat engem weidere Gesetz virun Iech, dat net weider Restriktionen, mee eng Rei vun Öffnungen bréngt an dat méiglech gouf, well munches sech besser entwéckelt huet, wéi een dat konnt fäerten.

Mat dësem Projet de loi kréie mer haut - an ech ënnersträichen „haut“, well et soll den Owend a Kraaft trieden - eng Rei Fräiheeten erëm. Mee déi Fräiheeten,



dat ass kee Kaddo, déi hu mer eis selwer erschafft, well mer eis net ënnerkréie gelooss hunn an de Virus doduerch u Kraaft verluer huet.

Säit Januar an eisem leschte Covidgesetz sinn d'Zuele vun den Neiinfektiounen immens geklomme bis virun e puer Deeg. D'Zuele vun de Patienten an de Spideeler, virun allem op den Intensivstationen, sinn awer op engem relativ déiwen Niveau stabil bliwwen.

Den Omikron huet sech wuel als héich ustiechend erweisen, mee duerfir verleeft d'Krankheet awer manner schlëmm wéi beim Virgänger, well mer awer och déi Géigemëttel, déi mer géint dee Krankmécher hunn, genotzt hunn an notzen. Den Impftaux ass weider an d'Luucht gaangen an déi méi strikt Moossname vum Januar hu Wierkung gewisen. Déi meescht vun eis sinn och virsiichteg bliwwen an hunn déi einfach, awer wierksam Schutzmoossname Masken, Ofstand, Testen agehalen.

Mëttlerweil ass eng grouss Majoritéit vu Leit zu Lëtzebuerg geimpft, Dir kënnt dat an deem leschte Wochenrückblick nokucken. Och wann et hei sécherlech nach Loft no uewe gëtt, weist dat, datt d'Efforten, déi am Kader vun der Impfcampagne gemaach gi sinn, hir Friichten droen.

An dat weist natierlech och, datt déi méi streng Mesurë wéi den 2G+ am Fräizäitberäich an den 3G op der Aarbecht en Impakt haten. Et hätt ee sech sécher nach méi kënne wënschen, mee si haten en Impakt. Déi aktuell Situatioun, an dat muss ee gradesou offe soen, ass awer och dem Asaz vun Fleegepersonal ze verdanken, dat sech net klengkréie gelooss huet, wéi dës aktuell Well iwwer et eragebrach ass.

Aktuell ginn d'Infektiounsquellen net méi signifikativ an d'Luucht. Am Géigendeel: Si schénge souguer erëm erfrozegeen, wat drop hiweise géif - ech paken Holz un -, datt mir den Héichpunkt vun der Omikron-Well erreicht hunn an d'Zuele vun Neiinfektiounen an deenen nächste Woche warscheinlech weider wäerten erfrozegeen.

Dës Constat gëtt net just zu Lëtzebuerg, mee och an anere Länner gemaach, wou plazeweis esouguer decidéiert gëtt, d'Mesurë ganz opzehiewen. Dee Schratt gi mir hei net, engersäits, well eisen Impftaux duerfir dann awer net héich genuch ass, an anerersäits, well mir weider mat eiser Politik vun der Virsiicht weiderfueren. Wéi gesot, mir liewen net nom Prinzip Hoffnung, mee versichen, e Gläichgewicht tëschent noutwendeg Restriktionen am Interêt vun der ëffentlecher Gesondheet an eise Fräiheeten ze halen.

Jo, et kann een elo soen: „Virun engem Mount zitt Der d'Schrauf zou, an elo maacht Der dee Schratt zrëck!“ Mee ass dat net dat eenzeg Richteg bei engem Géigner, deen esou onberechenbar ass? Ech mengen, datt dat, wat Verschiddener als Schwächt duerstellen, a Wierklechkeet eis Stärkt ass a mir mat där Reaktivitéit géint de Virus richteg leien.

Jo, ech gesinn, et ass net jiddereen 100%eg mat mer d'accord. Mee bon, a mengem Alter dierf e Rapportier sech heiansdo eng eege Meinung erlaben, wat vläicht virun 20 Joer net esou de Fall war. Duerfir soen ech de Kolleegen och express Merci.

Elo zu de Moossnamen am Gesetz: Mir gi mat deem Gesetz vum 2G+ an den 3G zrëck, allerdéngs ouni d'Méiglechkeet, Schnelltester op der Plaz anzusetzen, esou wéi dat nach d'lescht Joer am Summer de Fall war.

Fir an ee Restaurant oder op een Event ze goen, muss ee geimpft, geheelt oder getest sinn, getest mat engem PCR-Test oder engem zertifizéierte Schnelltest, déi jo bekanntlech 48 respektiv 24 Stonne gültig sinn. Dat ass wuel eng Öffnung par rapport zum 2G+,

mee et bleift awer zimmlech contraignant fir Persounen, déi net geimpft sinn.

Eng Ausnam gëtt et awer, wat de Schnelltest op der Plaz ubelaangt, an zwar fir Leit, déi sech aus medezinesche Grënn net impfe kënne loossen an dat och kënne nowiesen.

Eng weider Ausnam zum generellen 3G gëllt fir Kanner vun enner zweielef Joer an zwee Méint. Nei ass och, datt bei Treffen a Feieren doheem elo keng Restriktionen méi wäerte bestoen. Selbstverständlech ass et awer jidderengem weider ze roden, sech un d'Gestes barrières ze halen.

Eng Neiegkeet betrëfft den Impfzertifikat. Am Kader vum 2G+ war dee sechs Méint gültig. Mat deem Gesetz geet seng Dauer am 3G op néng Méint erop, dës fir seng Gültigkeet mat der europäescher Reglementatioun ze harmoniséieren. Wann een en Impfzertifikat huet, dee méi al ass wéi néng Méint, muss ee sech boostere loossen oder sech geboostert hunn, fir erëm 3G-konform ze sinn.

An der Aarbechtswelt - an do war et e bësse méi komplizéiert ginn - gëtt et gréisser Ännerunge betreffend den 3G. Do ass et och elo esou, datt den 3G-Regimm, dee säit dem 15. Januar obligatoresch ass, elo erëm fakultativ gëtt.

An enger éischter Versioun vum Text war virgesinn, datt d'Personaldelegatiounen an de private Betriber d'Entscheidung, fir mam 3G-Regimm weiderzufueren, misste guttheeschen. Dat war esou vun der Regierung mat de Sozialpartner ausgemaach ginn. Mee well d'Gesetzesvirlog awer net op d'Situatioun vun de Leit am ëffentleche Secteur agaangen ass, huet de Staatsrot do e Risiko gesinn, datt et zu enger Ongläicheit tëschent Leit aus dem privaten an dem ëffentleche Secteur kéint kommen.

**Une voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Dat hätt also d'Dispens vum zweete Vott a Fro gestallt.

Fir deem Rechnung ze droen, ass decidéiert ginn, op dee System zrëckzekommen, dee schonns virum 15. Januar a Kraaft war. Deemools ass d'Personaldelegatioun am Gesetzestext net ernimmt ginn. Fir den Accord mat de Sozialpartner awer anzehalen, ass elo en Tripartite-Accord - wann ech gutt informéiert sinn, ech mengen, dat kann de Premier bestätegt - ausgehandelt an ënnerschriwwen ginn, dee festhält, datt d'Personaldelegatioun muss hiren Accord ginn, fir datt e Betriber kann den 3G-Regimm en place setzen. Dat gëllt wuelverstane just fir Betriber, déi esou grouss sinn, datt se eng Personaldelegatioun hunn. Bei méi klengen Betriber, wou et keng Personaldelegatioun gëtt, kann de Patron d'Decisioun aleng huelen.

Wat den ëffentlechen Déngscht ubelaangt, huet den zoustänneg Minister, dee während de ganzen Diskussiounen bei eis war, eis gesot, datt d'Regierung am Accord mat der CGFP den 3G-Regimm an den Administratiounen wëllt bäibehalen, wéi en elo funktionéiert.

An de Gemengen ass et esou, datt de Buergermeeschter mat sengem Schäfferot no Consultatioun vun der Personaldelegatioun dës Decisioun ze treffen huet. Dat baséiert um 85er-Gesetz a souwäit wéi ech dat kontrolléiere konnt, si kloer Direktiven, kloer Informatiounen un all déi Betreffen ënnerwee, entweder vun der Regierung oder vun de Sozialpartner. Ech konnt en éischten Text vun engem vun de Sozialpartner liesen, soudatt dat awer elo kloer ze si schéngt.

Eng weider Ännerung an der Aarbechtswelt betrëfft méi spezifesch den Horeca-Secteur, wou d'Spärstonn vu bis elo 23.00 Auer säit dem 15. Januar ofgeschafft

gëtt an elo Caféen, Restauranten an esou weider erëm kënne wéi gewinnt bis 1.00 Auer schaffen, also net méi 23.00 Auer, mee 1.00 Auer, a bei fräier Nuecht - nujee, fräi Nuecht soll net heeschen d'Fräiheet, fir egal wat ze maachen - eventuell och méi laang.

Op d'Reegele betreffend d'Rassemblement ginn ech just kuerz an. Ech hat virdru schonn drop higewisen, datt am Privaten d'Restriktionen falen. Fir aner Eventer gëllen Aschränkungen. Wann ee sech zu méi wéi zéng Leit trifft, da muss een den Event entweder enner CovidCheck ofhalen oder e Mask droen an zwee Meter Distanz anhalen. Fir Rassemblementer mat méi wéi 51 Leit kënnt als drëtt Konditioun d'Sëtzplaz derbäi, virausgesat natierlech, d'Evenement leeft ënnert dem CovidCheck-Regimm.

Et kann een erëm Eventer mat maximal 2.000 Persounen organiséieren. Manifestatiounen mat méi Leit sinn och méiglech, allerdéngs muss een do e sanitäert Konzept bei der Santé areecheen an autoriséiert kréien.

Am Sport an am Kulturberäich ass et esou, datt generell d'3G-Reegele gëllen, wann een zu méi wéi zéng Persounen trainéiert oder musizéiert oder sportlech aktiv ass. Dat selwecht gëllt dann och fir d'Aktivitéiten am Beräich vum Peri- a Parascolaire.

Bei der Vaccinatioun gëtt et eng Neierung an do geet et drëm, datt bei de Kanner, déi manner wéi 15 Joer hunn, just nach een Elterendeel säin Averstännis gi muss, fir datt d'Kand ka geimpft ginn. An et bleift dobäi, datt Kanner ab 16 Joer selwer kënne entscheeden, ob si sech géint Covid-19 impfe wëlle loossen oder net.

D'Quarantän an den Isolement si weider wichteg Elementer am Gesetz. Eng grouss Neierung besteet doran, datt d'Mesur vum der Quarantän elo ganz ewechfällt. Bis elo war dat just fir déi geimpft Leit de Fall.

Dobäi kënnt, datt d'Mesurë betreffend den Isolement erliichtert ginn. Leit, déi eng Infektioun hunn, hunn d'Méiglechkeet, hiren Isolement éischter ofzeschléissen, wa si sech zwee Deeg hannerenee mat engem Schnelltest testen an zweemol en negatiiv Resultat hunn. Do ass elo net méi virgeschriwwen, datt dës zwee Tester musse während bestëmmten Deeg gemaach ginn, an dat gëllt souwuel fir geimpft Leit wéi fir ongeimpft Leit.

Ech kommen dann zu den Aarbechten an der Kommission. Och dës Kéier huet den Text d'Kommission aneschtens verlooss, wéi en erakomm ass. Dozou ass ze soen, datt déi ganz Kommission - an ech betounen „déi ganz Kommission“ - extreem konstruktiv um Projet matgeschafft huet, an och all eis Gäscht aus deene verschiddene Ministere, vun de Ministere bis bei hir engste Mataarbechter. Duerfir soen ech hinnen alleguer Merci.

Sou ass et zum Beispill op Virschlag vum Kolleeg Marc Spautz hin zu engem Amendement betreffend d'Plans d'organisation du travail (POT) komm. Normalerweis muss e Betriber, deen e Plan d'organisation du travail opstellt, dës fënneg Deeg virun der Referenzperiod opstellen. Weinst der kuerzfristeger Suppressioun vun der Spärstonn um 23.00 Auer wär dat awer fir vill Betriber net méiglech gewiescht. Duerfir hu mer hei eng Derogatioun decidéiert.

Dann ass op Virschlag vum Kolleeg Sven Clement hin de sougenannte Formulaire de localisation de passager, dee Fliegerpassagéier hu missen ausfüllen, aus dem Text gestrach ginn, datt well dee Formulaire eigentlech kee Sënn méi mécht.

Dës Beispiller weisen, wéi an der Santékommission och enner Zäitdrock konstruktiv geschafft gëtt - ob Oppositioun oder Majoritéit -, an duerfir un déi ganz Kommission en härezele Merci.



Dann zur Prozedur: Den Text ass e Méinden, de 7. Februar deponéiert ginn. Den 8. Februar sinn Amendementer nogerecht ginn. Den 9. Februar, also virgëschter, ass den Avis vum Staatsrot komm. An haut de Moien ass de schréffleche Rapport majoritär ugehall ginn.

Dir fannt an dësem Rapport och e Resümee vum den Avis vum der Chambre des Métiers, vum der Chambre de Commerce, vum Collège médical a vum der konsultativer Mënschrechtskommissioun, net ze vergiessen dem Conseil d'État, déi u sech duerchweeß positiv zu de Mesuren ausgefall sinn, mee deels kritesch zu der Motivatioun an zu deene schnell wiesselenden Texter.

Zum Schluss just e puer Bemierkungen: Och wa mir eis mat dësem Text eng Rei vun eise Fräiheeten erëmhuelen a verschidde Lockerungen decidéieren, ass de Virus domat net ofgeschaaft. An och wann d'Fuesent elo virun der Dier steet, gëtt et kee Grond fir den Halligalli oder den Helau an Alaaf, mee éischter, fir d'Mask do ze droen, wou se néideg ass. Dësen Text gëtt eis erëm méi Eegeverantwortung a Responsabilitéit fir déi aner. Duerfir virsiichteg bleiwen, bei der Impfcampagne matmaachen an déi elementar Schutzmoossname respektéieren!

Ofschlëssend nach e grouse Merci un all déi, déi un den Aarbechte bedeelegt waren, alle viraus och eise Leit hei an der Chamber, déi erëm eng Kéier gewisen hunn, datt mer e ganz performante Staff hunn. Ech wëll d'Patricia Pommerell do speziell ervirsträichen mam Chef de service, dem Laurent Besch. Dat gesot, Här President, wënschen ech Iech all: Bleift gesond a passt op Iech op! Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Claude Wiseler (CSV) |** Villmools merci, Här President. Ech fänken u mat deem übleche Merci un eise Rapporteur an un d'ganz Ekipp aus der Chamber, déi et méiglech gemaach huet, an deenen Delaien alt erëm en Text fäerdegzebréngen. Et ass schonn eng Leeschtung, fir d'27. a fir et an deene kuerzen Delaien ze maachen.

Ech fänken un, andeem ech soen, datt dat hei de véiert Gesetz ass, dat mer innerhalb vun zwee Méint maachen. Mir hunn am Dezember drastesch zouge-maach an zwou Etappen a mir hunn de 24. Dezember Hals iwwer Kapp, en toute urgence - well dee Moment d'Regierung gesot huet, datt dat huet missen en toute urgence sinn - nach eng Kéier e gudder Koup beim Zoumaachen zougelauecht.

Déizäit hate mer op eng Millioun Awunner héichgerechent 646 Infektiounen den Dag. Den 11. Januar, wéi mer deen drëtten Text gemaach hunn, ware mer bei 2.400 Infektiounen a mir hunn do lues a lues erëm opgemaach. An haut, den 11. Februar, si mer nach ongeféier bei där selwechter Zuel vun Infektiounen a mir maachen nach e Schrëtt méi op, wéi dat am Dezember mat vill manner héijen Zuelen de Fall war, wéi mer sengerzäit zougemaach hunn.

Elo gëtt rasonéiert, datt et net d'Infektiounszele sinn, déi zielen, mee d'Hospitalisationszele, an déi wären, déi si stabil ginn. Bon, mir kënnen dat akzeptéieren als Rasonement, mee mir soen awer nach hannendrun, datt d'Gefor bei deene villen Infektiounen, déi mer nach kennen, haut awer och nach grouss ass.

D'Leit dobausse si selbsterständlech frou, wa méi opgeet. Mee trotzdeem, och wann d'Leit frou sinn, wa méi opgeet, stelle sech awer nach eng ganz Rei seriö Froen: iwwert de Firwat vum deem Opmaachen haut an esou schnell, iwwert d'Hannergrënn dovun, iwwert de Sënn vun deenen eenzele Moossnamen, déi mer opmaachen.

Den Exposé des motifs seet selwer, datt mer momentan - an ech zitieren d'Wierder vun der Regierung - nach net „suffisamment de recul“ hätten, fir eis kënnen eng Meenung ze maachen. De Conseil d'État seet, datt iwwerhaupt keng Referenz op Donnée-scientifique géif gemaach ginn an deem ganzen Exposé, an deene ganze Kommentare vun dëser Gesetzgebung. An e seet och en anert Argument, wat ech 100%eg novollzéie kann: Am Dezember hu mer gesot, datt mer relativ schnell missten zoumaachen, well mer déi vill Kontakter, déi op den Neijoerschdagsfester géifen entstoen, sollte vermeiden. Haut elo huele mer eng konträr Decisioun an et stinn änlech Fester virun der Dier, notament all déi Fesfester, déi elo kommen. D'Logik an d'Rationalitéit vun där enger an där anerer Diskussioun hannerloossen, ouni datt eng Beweisfierung am Exposé des motifs ass, awer eng Rei Problemer, fir et nozevollzéien.

An déi Novollzéibarkeet vun deene Moossnamen, firwat se geholl ginn, wann een dat net versteet, dann decrochéiert een an da gëtt dat net esocht geholl. An et ass dat, wat an eisen Aen och momentan amgang ass ze geschéien: datt d'Leit net verstinn, firwat wellech Mesurë geholl ginn, an dee Moment dat och net kënnen novollzéien an och net befollegen.

D'Commission consultative des droits de l'homme, déi seet ganz kloer an hirem Avis fir dëse Gesetzestext, datt se der Meenung ass: « est d'avis que les changements fréquents et précipités », net meng Wieder, der Commission des droits de l'homme hir Wieder, « rendent la législation Covid-19 inaccessible non seulement pour les acteurs professionnels, mais aussi pour la population en général. » Ech mengen, dat ass e grouse Problem, well d'Novollzéibarkeet momentan net méi déi ass, déi se misst sinn, fir datt déi Texter och uerdentlech kënnen applizéiert ginn.

Mir hunn als CSV eng Evaluatioun vun deene Moossname gefrot, déi elo an deene leschte Wochen en cours waren. Mir hunn d'lescht Woch e Brëf geschéckt, an deem mer dat an aller Däitlechkeet froen, well mer un enger Rei vu Moossnamen, déi en place waren, gezweifelt hunn a well et ëmmer erëm Sënn mécht ze wëssen, wat eppes bréngt, wat een en place gesat huet, haaptsächlech wann dat esou contraignant a restriktiv Moossname sinn.

D'Majoritéit ass net drop agaangen. D'Ministesch huet eis an enger Kommissioun geäntwert, datt d'Regierung net an der Logik vun der Evaluatioun wär. Si sinn net an der Logik vun der Evaluatioun, ech muss mer dann awer d'Fro stellen, a wat fir enger Logik mer dann eis hei befannen, a wat fir enger Logik mer dann en fin de compte all déi Moossnamen huelen. Ass dat just d'Logik vum Bauchgefill, an där hei Decisiounen geholl ginn?

Mir hätte gär gewosst, wat esou Spärstonnen, wéi mer se ageféiert hunn um 23.00 Auer da schlussendlech bruecht hunn. Wat bréngt et, wann een e Café um 23.00 Auer zoumécht? Ech versti ganz gutt, wann ee seet: Mir maachen d'Café um 18.00, 19.00, um 20.00 Auer zou, well mer dann e ganze Service manner hunn. Mee fir se um 23.00 Auer zouzemaachen, do stellen ech mer och wierklech d'Fro: Wat bréngt et? Mir soen net, datt et näischt bréngt. Mir hätten awer gär gewosst, wat d'Effikassitéit vun esou enger Moossnam wär.

Déi selwecht Fro vun der Limitatioun doheem, déi mer op zéng Leit gesat hunn, nodeem mer se fréier schonn op véier Leit hatten. Wat bréngt et? A wat huet déi Notifikatioun bruecht? Ech kommen duerno nach eng Kéier drop zrëck.

Mir hunn déi grouss Meetingen - „iwwer 200“ hate mer an dësem Gesetz stoen - ënnerschiddlech behandelt, jee nodeem ob se dobaussen oder dobanne waren. Och do ass d'Fro: Wat huet dat da bruecht, datt mer et sengerzäit op 200 limitéiert hunn? Wat sinn d'Infektiounen, déi op esou Evenementer geschitt sinn? Wat hu mer domat net kritt? Dat selwecht: d'Ustiechung op deenen Evenementer iwwer 2.000. Hate mer Problemer? Hate mer keng Problemer domat? Wéi ass d'Evaluatioun vun där Moossnam gewiescht?

Datt selwecht iwwert d'Effikassitéit an d'Effektivitéit vun de sanitäre Pläng, déi mussen eragerecht ginn. Hu se eppes bruecht? Ass dat eng Moossnam, déi sënnavoll ass? Déi kascht vill un Energie an un Organisatioun. Wann dat sënnavoll ass, ass et och verständlech, mee mir hu keng Evaluatioun dovunner. Mir wëssen net, ob et eppes bruecht huet oder net.

Datt selwecht: den 3G op der Aarbechtsplaz. Wéi ass dann do den Ustiechungstaux op den Aarbechtsplaze gewiescht? Sinn do vill Infektiounen geschitt? Oder si keng geschitt? Huet deen 3G op der Aarbechtsplaz eis eppes gehollef oder net? Déi selwecht Fro bei de Moossnamen, déi iwwert den 2G an 2G+ agefuert goufen. Wat hu se da bruecht schlussendlech? Mir ware jo net dergéint, mee iergendwou géife mer awer gär wëssen: War et effikass oder war et net effikass?

Déi selwecht Fro d'ailleurs beim Test obligatoire, deen agefuert ginn ass an den Altersheimer, an de Kliniken. Sinn do nach vill Ustiechungen? Wéi ass d'Situatioun an den Altersheimer? War déi Moossnam effikass? War se net effikass? Fir eis ass et einfach wichtig, datt déi Evaluatiounen geschéien, well ouni déi Evaluatiounen kann ee seng Politik net steieren. Da weess een net, wat d'Moossname bruecht hunn oder net bruecht hunn. An et kann een haaptsächlech och keng Zilsetzungen definéieren bei den nächste Moossnamen, déi ee wëll huelen. A wa mer net evaluéieren, wat mer maachen, da si mer just an engem Hin an Hier vu Moossnamen, vun approximativen Decisiounen, déi net verstanen an net akzeptéiert ginn.

Dir wëllt als Regierung kee Stufeplang. Dat hutt Der scho méi wéi eng Kéier gesot. Dir wëllt keng Zilsetzungen. Dir wëllt keng Evaluatioun. Dir sot, Dir wëllt Flexibilitéit, mee haaptsächlech wëllt Der keng Konklusiounen zéien, kee Bilan zouloossen an dee Moment och keng Rechenschaft offeë vun deene Moossnamen, déi Der agefuert hutt.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Claude Wiseler (CSV) |** An dat ass e Problem fir eis!

Mee komme mer zu dem Gesetz, dat haut virläit. Mir stelle fest, datt eng Entkoppelung vun den Zuele vun Neiinfektiounen op där enger Säit, déi nach ëmmer ganz héich sinn, an der Beleeung vun de Spidolsbette op där anerer Säit, déi sech stabiliséiert huet, d'Realitéit ass. Dat huet sécherlech zwou Ursachen: déi manner grouss Virulenz vun dem Omikron op där enger Säit an zweetens méi en héijen Impftaux, deen awer e groussen Deel vun der Populatioun schützt. Deen erlaabt och sécherlech eng Rei Oplockerungen.

D'Regierung huet der eng Rei virgeschloen. An ech soen hei, verschiddener fanne mer „intuitiv“ richtig, mee awer „just intuitiv“ richtig, well mer net evaluéiert hunn, wat d'Situatioun war a well een et och net ka beweisen.



Déi éischt dovunner, dat ass, datt déi Spärstonn vun 23.00 Auer fortkennt. Déi ass och gutt fort. Mir hunn eis ëmmer nom Sënn gefrot vun esou enger Spärstonn um 23.00 Auer, well mer net empfonnt hunn, datt just 23.00 Auer effikass wär. Mir hätten aner Saachen effikass fonnt, mee déi um 23.00 Auer hu mer net effikass fonnt. A mir hunn och gesinn, datt sech eng ganz Rei Beweegungen an der Populatioun gemaach hunn, datt no 23.00 Auer op private Sitten a Lieue Fester weidergefuert gi sinn, wou mer eis gefrot hunn, ob dat net méi problematesch war, wéi wann d'Situatioun eng aner gewiescht wär.

Dat war natierlech och fir d'Restaurantsbetriber e Riseproblem. Dofir ass se gutt fort an eisen Aen. Si huet souwisou net vill Sënn gemaach a mir mengen, mir denken - mee mir hätte gär nogewisen -, datt eng Evaluatioun dat och esou bewisen hätt, wa se da gemaach gi wär.

Elo fuert Der awer direkt vun deem contraignantë Regimm vun um 23.00 Auer zoumaachen op e ganz normale Regimm eriwuer. Net nëmme bis 1.00 Auer kann opgemaach ginn, mee et kënnen och, well déi aktuell Gesetzgebung elo erëm total applizéiert gëtt, fräi Nuechte gefrot ginn an och stattfannen, notamment iwwert all déi Fuesdeeg. An do gëtt vun där Decisioun d'Responsabilitéit op d'Gemenge verschoben: Si mussen decidéieren - an dat ass effektiv déi aktuell Gesetzgebung, mee mir hunn awer nach eng sanitär Kris, wat eng national Kris ass -, d'Gemenge mussen dann elo decidéieren, ob oder ob net déi fräi Nuechte fir déi Fester sinn.

Si fille sech - souvill meng Echoe vu verschiddene Gemengen - awer e wéineg eleng gelooss, well hei gëtt hinnen ofverlaangt, datt se eng sanitär Decisioun huelen, wat an eisen Aen awer eng national Decisioun muss sinn.

Elo gëtt an der Kommissioun an op anere Plaze gesot: „Mee e seriöse Buergermeeschter, dee weess schon, wellech Decisioun en dann elo soll am Kader vun deem Text huelen, wann e seng Leit wëll schützen.“ Wäer dat esou, da wär dat jo nach gutt. Mee ech stellen awer fest, datt an enger Rei Gemenge souwisou eng Rei fräi Nuechten d'office schonn do sinn. Dat heescht, déi Gemenge kënnen iwwerhaapt keng Decisioun huelen. An op där anerer Säit, wann et keng national Decisioun ass ... Stellt Iech d'Situatioun vir, wou an där enger Gemeng déi eng Decisioun geholl gëtt an an der Nopeschgemeng déi aner Decisioun. Wéi soll e Buergermeeschter dat da senge Rateure erklären, wann hien decidéiert, keng fräi Nuechten ze ginn, an all déi aner Gemenge ronderëm decidéieren, de Contraire ze maachen?

Hei gëtt d'Responsabilitéit an eisen Aen op d'Gemenge verschoben. Eng sanitär Decisioun ass eng national Decisioun an eisen Aen an do hätt d'Regierung scho misse kloer an däitlech soen, wat se da wëllt.

Den zweete Punkt, dee mer vum Prinzip aus positiv fannen, ass, datt déi Limitatioun vun zéng Leit doheem an déi Notifikatioun, déi mer bis elo haten, ewechfalen. Dat huet an eisen Ae kee Sënn gemaach an dat ass gutt fort. Mir soe säit zwee oder dräi Gesetz - ech ka mech net méi drun erënneren -, datt déi do Dispositioun kee Sënn mécht, well se éischters net duerchsetzbar war, well se net kontrollabel war a well se och net sanktionéiert konnt ginn.

An ausserdeem, déi Notifikatioun, do hu mer schonn e puermol driwwer geschwat, mat där elektronischer Äntwert, déi e Privatmann da kritt huet, wann en esou eng Notifikatioun gemaach huet ... Ech weess net, wéi vill Dir der krut, warscheinlech 30.000, 40.000, 50.000. Mee déi krut Der eran als Ministère an et ass a mengen Aen - wann ech dat richteg novollzéien - strictement

guer, guer näischt domadder ugefaange ginn! Dir krut just eng automatesch Äntwert, déi huet Iech net ganz vill gehollef. An ech mengen, déi do Aarbecht, déi war an eisen Aen absolutt an total sënnoos.

An Är Argumentatioun, fir dat elo ofzeschaffen, ass awer erstaunlech. Dir sot, well et elo méiglech wär duerch déi epidemiologesch Situatioun, mee haapt-sächlech ass dann d'Äntwert, an ech zitieren déi gär am Text: « alors qu'il est de toute façon impossible de contrôler le respect des mesures dans pareille situation. »

Gutt, dat soe mer Iech säit dräi Gesetz, datt et net nokuckbar ass, datt et net kontrollabel ass, datt et net sanktionabel ass. Dat ass awer allkéiers, wa mer et gesot hunn, total ignoréiert ginn. Dir sidd driwwer ewechgefuert an Dir hutt et am Fong als „quantité négligeable“ consideréiert, wat hei als Argumenter koum. An da bréngt Der elo dat Argument, wéi wann dat total nei wär an elo absolutt alichtend wär, datt et elo muss sinn.

Eis Fro ass: Firwat hutt Der se iwwerhaapt agefuert, déi Moosnam, an elo huet Der se ewech? Wann Der et sengerzäit als Recommandatioun geholl hätt, esou wéi et elo am Fong gesot gëtt ... De Rapportier huet nach gesot, et sollt jiddwereen awer doheem oppassen, wat e mécht a vläicht net an Exzesser verfalen. Wann Der dat sengerzäit als Recommandatioun geholl hätt, da kéint Der déi Recommandatioun jo och elo stoe loossen. Mee elo, duerch de Fait, datt Der aus dem Gesetz eppes ewechhuet, wat eng legal Basis hat, kritt een d'Impressioun, d'psychologesch Impressioun, datt am Fong hei jiddweree sech elo kéint erlaben, wat e wëllt. Dat ass e psychologesch schlecht Zeechen, wat hei geschitt. Wann Der et vun Ufank un esou gemaach hätt, wéi d'Oppositioun Iech et proposéiert huet, wär et an deem Moment weesentlech méi sënnvoll gewiescht.

Dat zu deene Punkten, déi mer am Fong positiv am Gesetz fannen. Da ginn et awer och eng Rei anerer, vun deene mer net wëssen, wéi se dann an deenen nächsten Deeg richteg an d'Realitéit sollen ëmgesat ginn.

Éischters ass et d'Ofschafe vun der obligatorescher 3G-Reegel op der Aarbechtsplaz. Dës Reegel ass de 17. Dezember gestëmmt ginn, de 15. Januar a Kraaft getrueden an elo gëtt se erëm dräi Wochen duerno ofgeschaaft, dräi Wochen duerno, ouni datt iergendeng Explikatioun, iergendeng Argumentatioun dofir kënnt. An dat wär awer de Minimum, wann een esou eng aschränkend Moosnam aféiert a se dräi Wochen duerno erëm ofschafft, datt een zumindest argumentéiert, firwat ee se elo ofschafft. Dat wär awer dat Mindest, wat mer erwaart hätten!

An de Conseil d'État seet a sech genau dat selwecht. Et ass net just eng Remark vun der Oppositioun hei. De Conseil d'État, dee seet: « Le projet de loi sous avis opère [...] un revirement de l'approche de la protection contre la Covid-19 au travail, sans pour autant donner les raisons qui motivent ce changement, pourtant fondamental. »

Ass et, well se net ëmsetzbar war an d'Realitéit? Da froe mer eis: Firwat ass se dann ageféiert ginn? A besonnesch, wa se net ëmsetzbar war, firwat gëtt se elo nach an der Fonction publique tel quel bäibehalen? Oder ass et, well se näischt bruecht huet, weeder als Protektiounsmoosnam nach als Incitatif zur Impfung? Wann dat de Fall ass, da froe mer eis, firwat se dann an der Fonction publique elo bäibehale gëtt.

De Conseil d'État seet nach eng Kéier dozou: « Ni l'exposé des motifs, ni le commentaire de la disposition sous examen ne contiennent d'ailleurs d'éléments permettant d'évaluer l'impact (ou l'absence d'impact)

qu'a eu cette mesure sur la situation épidémiologique au sein des entreprises et administrations, ou sur les chiffres des vaccinations effectuées en raison de ce régime spécifique. » Kloer Wierder vum Conseil d'État, hannert deene mer honnertprozenteg stinn. Dat hei ass e Fluch am Niwwel ouni Radar!

Also wann et war, fir se ofzeschaffen, dann hätt déi Reegel - dat ass eis Meenung - virun dräi Wochen net sollen agefuert ginn. An ech liesen Iech och do - well et esou kloer ass - den Avis vun der Commission des droits de l'homme vir, fir Iech wierklech ze weisen, datt dat do net just d'Meenung vun der Oppositioun eleng ass.

D'Commission consultative des droits de l'homme seet: « De plus, l'introduction obligatoire du 3G à partir du 15 janvier 2022 a mis les responsables dans une situation difficile. Si cette mesure intrusive et contraignante, justifiée par le gouvernement et le parlement par une prétendue urgence, devient maintenant facultative au bout de trois semaines, les responsables et les salariés doivent se questionner sur l'opportunité d'exercer tant de pression. Cela porte atteinte non seulement à la crédibilité des autorités politiques », also vun der Regierung hei an deem Fall, « mais fragilise aussi celle des responsables des employeurs qui ont dû relayer cette mesure, l'expliquer, la justifier et l'imposer. »

Dat sinn och kloer Wierder vun der Commission consultative des droits de l'homme fir ze soen: Déi hei Politik, an deem Rhythmus, wéi se hei geschitt, an där Onerklärtheet, wéi se eriwuerkënn, ass ëmmer an ëmmer méi schwéier dobaussen ze akzeptéieren a bréngt net nëmme d'Regierung a Verleëenheet, mee och déi Leit, déi der Regierung wëllen hëllefen, hir Politik ëmzesetzen.

**Une voix | Très bien!**

**M. Claude Wiseler (CSV) |** Zousätzlech wëll ech soen, datt elo déi classesch Rassemblementsregelen da gëllen, wann een net d'Decisioun hält, fir en 3G stoen ze loossen. Och do gëtt dann d'Responsabilitéit erëm zréck op d'Betriber geschoben, wat ech normalerweise jo richteg fannen, wann d'Betriber esou vill wéi méiglech Responsabilitéit hunn. Mee hei, wéi gesot, ass et eng sanitär Fro, wou eng staatlech Responsabilitéit ass a wou et net un deenen Einzelnen ass, fir ze decidéieren, wat dann elo sanitär richteg a wat falsch ass.

Schlussendlech ass et d'Solutioun vun der Regierung, fir d'Opposition formelle ze ëmgoen, déi de Conseil d'État gemaach huet - obwuel an der Press stoung, et wär keng Opposition formelle zum initialen Text gewiescht. Et war schonn eng Opposition formelle zum initialen Text an d'Regierung huet hiren Text jo aus deem Grond vun där Opposition formelle ëmgeännert, andeem se einfach erausgeholl huet, datt elo missten Diskussiounen mat de Sozialpartner sinn. Si huet dat aus dem Text erausgeholl, soudatt den Text elo keng Opposition méi wäert dorobber kréien, mee an der Realität ass déi Egalitéit awer net do, well jo mat de Sozialpartner aus dem Privatsektor ofgemaach ginn ass, datt awer nach iwwerall missten Negociatiounen sinn. Mee loosse mer dat emol esou stoen.

Déi Fro, déi mir eis och stellen, dat ass: Wéi soll dat Ganzt elo op der Zäitschinn oflafen? Elo trëtt dee Gesetzestext den Owend a Kraaft an da misst jo theoretesch alles dat, wat mer elo soen, notamment déi 3G-Reegel an de Betriber, ofgeschaaft sinn, wa se dann net erëm iwwert d'Decisioun bäibehale gëtt. Déi Decisioun muss awer geschéien op Basis vu Consultatiounen mat den eenzelne Gewerkschafte respektiv Personalvertrieeder. Elo muss ech awer soen: Wéi soll dat da fir de Méindeg goen?!



Dat gëtt haut geschaf, da mussen also d'Diskussiounen - dat gëllt da par ailleurs och fir d'Gemengen - mat de Personaldelegatiounen elo den Owend oder muer iwwert de Weekend geschéien an de Schännerot muss dann de Sonnden den Owend oder de Méinden de Moien eng Decisioun huelen, eng Deliberatioun huelen, fir den 3G wëlle weiderzeféieren. Ansonste si se de Méinden de Moien an deem anere Regimm, nodeem datt vill Organisatiounsfroe sech gestallt hunn, fir den 3G anzeféieren. Bei de Privatbetriber, wéi soll dat da bei verschiddene Betriber iwwerhaapt do goen, fir dat de Méinden a Kraaft ze setzen?

**M. Laurent Mosar (CSV) | Très bien!**

**M. Claude Wiseler (CSV) |** Also ech muss éierlech soen: Och wann een da mat där Moosnam d'accord wär, wäert awer d'Aart a Weis, wéi se hei ëmgesat gëtt, vill Diskussiounen mat sech bréngen. Mir fannen et eng iwwerstierzten Aart a Weis, dat unzgoen, an domat an eisen Aen absolutt an total onverständlech!

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Claude Wiseler (CSV) |** Deen zweete Punkt, dat ass dat komplett Ophiewe vun der Kontaktquarantän. Wann ech de Kommentar liesen, dann ass dat Ophiewen net, well déi Kontaktquarantän net méi sënnavoll oder net méi wichteg wär, mee d'Argument, wat ugi gëtt am Exposé des motifs, dat ass, well d'Servicé vum Ministère de la Santé iwwerfuert sinn, well d'Servicen déi Zuel vun de Leit, déi se missten traitéieren, net méi packen.

Ech kann dat och nach verstoen. Ech soen awer: Dat ass scho laang de Fall, schonn eng Rei Wochen de Fall. Déi Fäll, déi ech kennen, do huet déi Quarantän an den Träage vun der Quarantän souwisou net méi geklappt. Ech maachen och do kengem e Reproche. Ech stellen awer just dat selwecht fest, wat de Conseil d'État u sech an aller Däitlechkeet seet: Dat hei ass e „Renoncement“ vun der Regierung op d'Gestioun vun dem Covid. D'Regierung gëtt et op, fir den Träage, de Suivi an déi Kontaktquarantänen ze maachen.

Mee wat mech dann awer gesetzlech trotzdem erstaunt, dat ass, dass den Text, dee mer haut virleien hunn, nach eng ganz Rei Moosname vum Träage beinhalt, déi awer nach tel quel drastinn. Notamment am Artikel 5 Paragraf 1 Punkt 2 steet nach déi ganz Lëscht dran, wat dann deejéinegen, deen an eng Träageprozedur komm wier an duerno eng Quarantän kritt hätt, wat deen dann alles u perséinlechen Donnéeën misst ofginn: Identifikatioun, Coordonnées de contact, Sécurité sociale, Médecin traitant ou médecin désigné. Fir awer duerno just eng SMS vun der Santé geschéckt ze kréien, datt e soll e wéineg oppassen, wat e mécht, well en e Kontakt wier fir déi, wou den Träage dann nach fonctionéiert, fannen ech dat relativ intrusiv. An ech fannen, wann een dat do da scho mécht, dann hätt een zumindest déi do Moosnamen awer och misse an deem Text ewechhuelen, well an eisen Ae maache se hei net méi vill Sënn.

An esou wéi d'Gesetz elo ausgesäit, stellt sech souwisou d'Fro, firwat dann nach iergendeen, deen infizéiert ass, sech nach soll op der Santé mellen, wa souwisou keen Träage méi hannendru gemaach gëtt. À moins datt en e Certificat de maladie brauch, fir net brauchen schaffen ze goen, gëtt et jo am Fong kee Grond méi, sech op der Santé ze mellen. An dofir soen ech, datt d'Santé an deenen nächste Wochen d'Kontroll an d'Iwwersiicht iwwert d'Evolutioun vun der Krankheet verléiere wäert, well duerch dee Fait de Suivi vun der Krankheet net méi uerdentlech ka gemaach ginn. An dat heescht en conclusion, datt d'Steuerung an Zukunft extreem schwierig wäert ginn.

An à partir vun der nächste Woch ass et och eiser Meenung no sécher, datt zumindest déi statistesch

Zuele wäerten erofgoen, well d'Reckmeldung bei der Santé vill méi kleng wäert sinn. Dat heescht awer absolutt net, datt et an der Realitéit esou wäert sinn, well déi Zuele vun nächste Woch u wäerten net méi dat selwecht heesche wéi déi vun dëser Woch, sinn net méi vergläichbar a sinn och net méi fiabel an deem Sënn a kënnen net méi d'selwecht fir d'Steuerung vun der Gesondheetspolitik gebraucht ginn, wéi dat bis elo de Fall war. An dat ass fir eis och e grouse Problem, fir en uerdentleche sanitaire Suivi ze maachen.

An dann hunn ech eng Fro hannendrun, fir déi Leit, déi virsiichteg sinn an déi zum Beispill laang mat enger infizierter Persoun a Kontakt waren, déi zum Beispill véier Stonnen am Auto mat enger infizierter Persoun gefuer sinn. Déi konnte bis elo eng Autoquarantän maachen, well se gesot hunn: „Mir waren effektiv laang exposéiert, mir sinn en risque.“ Do ass d'Fro ... Dat geet jo elo net méi. Dat ass jo elo eriwuer, déi Autoquarantänen, wann een da wierklech laang a Kontakt mat enger Persoun war. An do kann ee jo warscheinlech kee Certificat - wann ech den Text richtig gelies hunn, mee à vérifier - fir d'Aarbecht méi kréien, och wann ee laang exposéiert war a wann ee wierklech e grouse Risk dréit, fir d'Infektioun ze hunn.

Den drëtten Punkt, dat ass deen: Dir sidd vum 2G op den 3G zréckgaange fir de Fräizäitberäich, och do ouni iergendwellech Ugab, wat dann den 2G bruecht huet, dee mer elo eng Rei Wochen haten, oder wat en net bruecht huet. Elo gëtt op eemol ganz opgemaach oder vill opgemaach, ganz schnell, wa méiglech virun de Fuesdeeg. Duerfir muss mer dat jo haut schonn a Kraaft triede loosse. Ech verstinn och, datt dat den Horeca-Secteur sécherlech arrangéiert, an dofir ass et positiv, mee trotzdem hätt mer awer gär iergendeen Unhaltspunkt gehat, firwat een dat elo an dësem Moment esou mécht, wéi et hei decidéiert gëtt.

Mee wat haaptsächlech eise Problem ass, dat ass d'Konsequenz vun deem Ganzen. Den Drock, dee vum 2G ausgaangen ass op déi Leit, fir sech impfen ze loosse, dee gëtt mat där heiter Decisioun ewechgeholl, an dat ass an eisen Aen nun awer net onproblematisch. An haaptsächlech déi Leit, déi sech impfe gelooss hunn ënnert deem Drock an de leschte Wochen - an dat waren der jo awer eng Rei -, déi sinn elo rosen, well se sech awer e wéineg verschaukelt spiere vun der Regierung.

Ech fannen, datt dat hei eng Kakofonie vun der Regierung ass an deenen Decisiounen, en Hin an Hier, wat geholl gëtt. Wäer déi Moosnam elo nach geholl gi mat enger klorer an däitlecher Ausso oder mat engem Text vun der Impfflicht, dee schonn hei géif virleien, dann hätt een op där anerer Säit den Drock kënnen bäibehalen. Dat ass awer elo net de Fall.

Op där anerer Säit, wann ech der Regierung nolauscheren, dann héieren ech och do extreem verschidden Aussoen. Ech héieren de Premier op der Pressekonferenz, dee sech nach ganz, ganz kloer an däitlech fir eng Impfflicht ausschwätzt, an ech begréissen och, dass an dat an där Däitlechkeet gemaach huet. Ech gesinn awer d'Gesondheetsmistesche op där anerer Säit, déi an Äntwerten, déi se eis an der Kommissioun an op Froe gëtt, alles ofhängeg mécht vun Etüden, déi elo gemaach ginn, vun nach anerem, vu Bedenken, vun Nuancen, a wou eng Decisionsverschibung awer gemaach gëtt, déi fir eis problematesch ass, d'autant plus, datt mat dësem Gesetz den Drock fir sech ze impfe massiv ewechgeholl gëtt.

Zwou Remarken hunn ech nach ze maachen, déi e wéineg iwwert dëst Gesetz erausginn. Dat Éischt, dat ass déi Diskussioun iwwert de véierte Vaccin. Ech weess elo net, wou déi Diskussioun hierkënn, op Basis vu welleche Recommandatiounen, op Basis vu

wellechen Iwwerleeungen elo iwwert de véierte Vaccin geschwat gëtt, just nodeems d'Leit geboostert gi sinn. Dat mag jo och medezinnesch richtig sinn, ech kann dat net soen, mee ech soe just, datt déi Kommunikatioun, déi elo an deene leschten Deeg iwwert dee véierte Vaccin gelaf ass, d'Leit awer relativ duerjerneegemaach huet.

Dat war déi Diskussioun, iwwer 65 Joer misst een oder sollt een, wat awer elo vun der Santé offiziell zréckgeholl ginn ass. Mee d'Leit froe sech awer: Wie soll dann elo? Wou soll ee sech mellen? Wéi geet dat? An a wat fir engem Rhythmus muss mer eis wéini no der Boosterimpfung mellen? Alles dat ass onkloer an ech soen Iech, dat féiert zu ganz, ganz villen Diskussiounen an Opregungen dobaussen iwwer eng Kommunikatiounspolitik, déi momentan net klappt.

A mäi leschte Punkt, dat ass deen iwwert d'Pandemiegesetz. Elo froe mer dat säit iwwer engem Joer. D'Pandemie ass zwee Joer amgang. Mir hätte wierklech all Interêt drun, esou schnell wéi méiglech en uerdentlech Pandemiegesetz ze kréien, fir d'Gestioun weesentlech méi einfach a besser ze maachen, wéi mer se elo hunn.

Et hätt een an deene leschten zwee Joer sécherlech schonn dorunner kënnen schaffen. Mir hunn awer bis elo nach näischt dovunner gesinn. Mir sinn och net eleng mat där Meenung. Wann Der d'Konklusioun vun der Commission consultative des droits de l'homme liest, da gesitt Der, datt hire leschte Saz eng grouss an däitlech repetitiv Ufro ass, fir esou e Pandemiegesetz esou schnell wéi méiglech ze kréien.

Dat Ganzt ass also an eisen Aen en Hin an Hier an ass schiedlech fir d'Kohärenz vun der Regierung respektiv schiedlech fir déi wéineg Autoritéit an déi wéineg Kredibilitéit, déi d'Regierung an dësem Kontext huet. D'Regierung hëlt hei eng Rei Moosnamen ouni Evaluatioun, ouni fundéierten Hannergrond, ouni datt mer d'Zilsetzung kennen an d'Konsequenzen eis eng kéier ugekuckt hunn.

Mir hätte gär bei verschiddenen Articlele mat Jo gestëmmt, notamment bei zwee Articlelen: deem vun der Spärstonn um 23.00 Auer an deem vum Ofschafe vun der Limitatioun vun de Persounen doheem an der Notifikatioun, déi Privatleit mussen maachen, wa se eppes à domicile organiséieren.

Ech ginn hei eng Demande eran, fir den Artikel iwwert d'Ofschafe vun der Spärstonn kënnen separat ofzestëmmen. Mir géife gär fir deen Artikel kënnen stëmmen an dat kloer weisen.

*(M. Claude Wiseler dépose une demande de vote séparé sur l'article 3 du projet de loi 7964.)*

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Wiseler.**

**M. Claude Wiseler (CSV) |** Dat wollt mer och maache fir d'Limitatioun an d'Notifikatioun. Do ass et eis awer net méiglech, well an deem Artikel - dat ass awer just eng technesch Fro, déi hei ass - esou vill aner Punkten nach drastinn an eist Reglement eis et net erlaabt, en eenzelne Punkt aus engem Artikel zum separate Vott ze ginn, soudatt mer dat net kënnen maachen. Dat hätte mer am léifsten awer och gemaach. Mir sinn der Meenung, datt dës Articlele souwisou an där Form ni richtig Sënn gemaach hunn an dofir net hätt brauchen agefuert ze ginn.

Fir de Rescht ass dësen Text an eisen Aen eng Etapp méi an engem Zickzackkurs, en Hin an Hier ouni Explikatioun, ouni Evaluatioun, ouni Argumenter, Resultat vun enger Politik, wou d'Regierungspartner sech net méi eens sinn an an all Richtungen zéien. Mir wäerten dergéint stëmmen.

**Plusieurs voix | Très bien!**



**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Wiseler. Den Här Premierminister freet d'Wuert.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Ech hu just eng Fro un den Här Wiseler. Wéi eng wëssenschaftlech Basis erlaabt Iech dann, esou en Amendement kënnen ze presentéieren?

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech hunn hei, souwäit ech weess, keen Amendement presentéiert.

**Plusieurs voix** | E Vote séparé.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech hunn e Vote séparé op Ären Text gefrot. Wann Dir mer nogelauschert hätt bei deem, wat ech virdu gesot hunn, da soen ech, datt deen heiten Artikel eis intuitiv als richtig erschénkt, obwuel mer ...

(Interruptions)

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Ech wollt just déi Bestätegung kréien: „intuitiv“, ok, très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Jo, Här Bettel. Mee dommerweis hunn ech Iech ... Dräimol hu mir Iech schréftlech gefrot, fir d'Evaluatioun vun Ären Artikelen ze kréien. Dommerweis hunn ech dat och nach an der Ried nach eng Kéier dättelech, notamment bei deem doten Artikel, gefrot, datt mer am Fong nu wierklech gär hätten, datt d'Regierung eis d'Evaluatioun vun den eenzelen Artikelen mécht. Mee Dir hutt awer bei kengem Artikel eng Evaluatioun gemaach!

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | An duerfir stëmmt Der se mat.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Dir hutt bei kengem Artikel eng Analys gemaach. Dofir bleift eis näischt anescht iwwer, wéi op verschiddene Punkten esou ze reagéieren. Mir maachen dat ongär, mee well mer awer gär eng Positioun hätten, maache mer et trotzdem. Mir regrettéieren, datt mer et musen intuitiv maachen, ouni et op enger wëssenschaftlecher Basis, déi Dir net bruecht hutt, kënnen ze maachen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Wiseler. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gilles Baum.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Gilles, géff alles!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Erlaabt mer, fir d'éischt dem Kollege Rapporteur Mars Di Bartolomeo Merci ze soe fir säi 27. Rapport. An ech hunn em et schonn eng Kéier gesot: Här Di Bartolomeo, ech hoffen, dass mer Iech nach ganz oft hei uewen op der Tribün gesinn, awer hoffentlech net méi ganz vill zu Covidgesetz, soudass mer dat dote kënn geschwënn hannerun eis loossen.

D'Mesurë si vum Här Di Bartolomeo in extenso virgestallt ginn. An dat erlaabt mir natierlech dann, dat méi kuerz ze maachen. Ech wëll den Text haut e bësse méi a Bezuch setzen zu deem, wat am Ausland geschitt. Ech wëll awer eppes hei zrëckweisen an dat ass dat, wat vum Riedner vun der CSV, vum Här Wiseler, elo just gesot ginn ass, et wär en Zickzackkurs, et wär en Hin an Hier.

Mir hunn eis während deenen awer elo bal zwee Joer, déi déi Pandemie hei dauert, ëmmer Flexibilitéit gelooss. An ech mengen, et wäert kee Parlament an Europa sinn, dat an deenen zwee Joer 27-mol zesummekomm ass, fir

d'Mesurë matzedecidéieren, matzebestëmmen. Ob dat Oppositioun oder Majoritéit war, mir hunn nach ëmmer versicht, e Gläichgewicht ze fannen tëschent der Fräiheet an de Restriktiounen. An ech menge ganz am Géigendeel zu deem, wat den Här Wiseler gesot huet, dass d'Leit dobausse kee Vertraue méi an d'Regierung hätten: Mir gesinn dat ganz anescht! Mir hunn och hei déi néideg Flexibilitéit un den Dag geluecht. D'Gesetz wäert zwee Méint, also bis den 30. Abrëll, Bestand hunn a wa mer virdu eng Kéier gesinn, dass mer musen eppes drun ännere goen, da wäerte mer dat och maachen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Erlaabt mer, Iech dann elo matzehuelen op en Tour an d'Ausland. Ech géif an Dänemark ufänken. An Dänemark ass am September 2021 de „Freedom Day“ deklariéiert ginn, dee se awer nom Opdauche vun der Omikron-Variant erëm ganz, ganz séier hu misse réckgängeg maachen. Aner Länner hunn zu deem Moment neidesch op Dänemark gekuckt, well déi scho konnte méi Fräiheeten oder alleguerten d'Fräiheete gewarleschten an aner Länner net. Elo hu se fir d'zweete Kéier praktesch alleguerten d'Mesuren opgehuewen. Am Restaurant, am Café brauch ee keng Mask méi ze droen an et brauch een och säin Impfzertifikat net mat sech ronderëmzedroen.

Dänemark geet op dese Wee, obwuel se ganz héich Inzidenzzuelen hunn. Mee wéi och bei eis halen d'Hospitalisatiounen sech a Grenzen. A fir déi dänesch Regierung gëtt et duerfir eng gutt Erklärung, an dat ass d'Impfung. A well dat skandinawesch Land ee vun den héchsten, wann net souguer den héchsten Taux weltwäit huet, besonnesch an der Alterskategorie iwwer 60 Joer, ... Dat muss ee sech virstellen: An Dänemark ass an der Alterskategorie iwwer 60 Joer den Impftaux bei 99,6 %! Opgrond vun deem Impftaux si si der Meenung, dass se déi sanitär Mesurë kënnen ophiewen an dass déi zum Deel iwwerflësseg gi sinn.

Jo, mir stëmmen och haut en neit Covidgesetz, dat 27., wéi ech et gesot hunn. D'Mesurë gi manner restriktiv, mee un de Freedom Day ass awer trotzdem bei eis nach net ze denken. Hei am Land sinn d'Hospitalisatiounen stabill, obwuel d'Infektiounszuelen héich bleiwen. Mir bleiwe virsiichteg a fueren d'Mesurë lues zrëck. Dat läit och dorunner, dass eisen Impftaux, obschonns en an de leschte Woche geklommen ass, nach wäit ewech ass vun deem Impftaux an Dänemark.

Bei eis si mer aktuell bei 75,2 % vun der Gesamtbevölkerung, déi geimpft sinn. Länner wéi Portugal, Spuenien an eeben och Dänemark, déi sinn natierlech vill méi héich. Do kënnen mir fir de Moment net mathelen. Wat d'Boosteren ugeet, leie mer bei 55 % vun der Gesamtbevölkerung. An ech mengen, dass dat awer trotzdem e gudden Taux ass. Dat ännert awer näischt drun, dass mer nach ëmmer eng ganz grouss Zuel vu Leit an en héijen Taux vu Leit hunn, déi net geimpft sinn.

9 % vun de Leit iwwer 60 Joer si bei eis am Land nach guer net geimpft an an der Alterskategorie 50 bis 59 sinn et 13 %. Dat sinn awer alles Persounen, déi opgrond vun hirem méi héijen Alter och méi en héije Risiko lafen, fir vum Coronavirus schwéier krank ze ginn. Och vun der Omikron-Variant ginn d'Leit krank, an dass d'Hospitalisatiounen net esou staark klammen, dat läit grad dorunner, dass eng grouss Majoritéit vun de Leit hei am Land sech impfe gelooss huet.

D'Neiinfektiounen an d'Hospitalisatiounen stinn a kengem Verhältnis zueeneen. An den Drock op d'Spideeler huet sech, anescht wéi dat bei der Delta-Variant de Fall war, reduzéiert. An dowéinst, grad dowéinst hu mer eis missen d'Fro stellen, ob déi aktuell streng

Mesuren zu deem Moment nach gerechtfertegt wäeren. Schliisslech war et jo ëmmer d'Haaptuleies vun der Politik a vun de Mesuren, eng Iwwerlaaschtung vun eise Gesondheetswiesen ze verhënnere.

D'virescht Woch ass de Reproduktiounstaux erëm ënner eent gefall, wat eng positiv Tendenz ass, an ënner Ëmstänn hu mer de Peak vun der Omikron-Well hei zu Lëtzebuerg hannert eis. Dat soen ech net, mee dat seet op d'mannst de Covidtracker vu Reuters.

A Länner wéi Frankräich, Schweden, Italien a bei eis ginn d'Neiinfektiounen lues a lues erof. Aner Länner, wéi Däitschland an och Holland, schéngen de Peak nach net erreecht ze hunn. An duerfir denkt an Däitschland op Bundesebene kaum een oder nach guer keen iwwer Lackerungen am grouss Stil no.

Kolleginnen a Kollegen, wann d'Spideeler kenger akuter Iwwerlaaschtung ausgesat sinn, da muss een analyséieren, ob déi aktuell Mesuren nach hiren Notzen hunn oder ob se net vill méi Kollateralschied provozéieren.

D'mental Gesondheet an awer och verpasst Diagnosen, well d'Spideeler hir Aktivitéiten während der Pandemie hu missen upassen, hu missen zrëckfueren, sinn dobäi nëmmen zwee Beispiller. An och den Impact op d'Aarbechtswelt ass grouss. Déi héich Infektiounszuele féieren duerch d'Isolatioun an d'Quarantänmesuren zu Personalausfäll a ville Secteuren. A vill Secteuren hu Krämpes, hir Aktivitéiten oprechtzerhalen.

D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei begréisst ausdrécklech, dass d'Mesuren ugepasst ginn, fir der aktueller sanitärer Situatioun Rechnung ze droen an och den Aarbechtssektor ze entlaaschten. D'Ophiewe vun der Spärstonn an d'Applikatioun vum 3G amplat vum 2G komme virun allem dem Horeca-Sektor zegutt, deen am Verlaf vun der Pandemie oft déi gréisst Sacrificen huet misse bréngen.

D'Quarantän gëtt mat deem Gesetz komplett ofgeschafft an d'Isolatiounszäit gëtt verkierzt. Gëtt eng Persoun positiv op de Coronavirus getest, ass awer ouni Symptomer, da ka se sech an den nächsten zwee Deeg am Ofstand vu 24 Stonne mat zwee negative Schnelltester fräitesten.

D'Omikron-Variant provoziert manner oft schwéier Verleef, virun allem dann, wann ee geimpft ass. Vill Leit sinn awer aktuell an Isolatioun oder Quarantän, obwuel se keng Symptomer opweisen an net krank sinn. D'Upasse vun de Reegelen un déi nei Realitéit wäert den Aarbechtssektor an och d'Schoulen entlaaschten. Weider Lackerungen bezéie sech op d'Reegele bei de Rassemblementen an op de fakultativen Asaz vum 3G op der Aarbecht.

Wéi virdu musen d'Droe vun der Mask an d'Anhale vun der Distanz respektéiert ginn, wa keen 3G op der Aarbechtsplaz applizéiert gëtt. Fir dat eegent Doheem gëllen an Zukunft keng Restriktiounen méi. Et kann een esou vill Leit invitéieren, wéi ee wëll, och wann ee keng Scheier huet, an dat, ouni dass Masken, Distanzen oder Sëtzelplazen eng Obligatioun solle sinn.

(Interruption)

Trotzdem wëll ech d'Leit opruffen, och an Zukunft verstänneg ze bleiwen. D'Infektiounszuele sinn nach ëmmer héich an et muss ee sech elo keng siche goen, andeems een all Weekend grouss Partyen doheem organiséiert.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Här President, den Omikron schénkt eis eng Chance ze bidden, lues a lues de Wee aus der Pandemie eraus ze fannen. Mee dat ass alles just méiglech, well d'Wëssenschaft a Rekordzäit



wierksam Impfstoffe entwickelt huet an eng Majoritéit vun der Populatioun sech och impfe gelooss huet.

D'Inzidenz sinn an der Alterskategorie 0 bis 14 am héchsten, der Alterskategorie, an där proportional gesinn déi mannst Leit geimpft sinn, wat sech och doduerjer erkläert, dass et nach keen Impfstoff gëtt fir Kanner vun 0 bis 5 Joer.

Mee vill méi wichteg, wéi dass d'Kanner sech sollen impfe loosse, ass, dass eis eeler Matbierger an eis vulnerabel Matbierger sech impfe loosse. An dowéinst ass d'Impfpflicht ab 50 a fir de Gesondheitssektor nach net vum Dësch, mat Sécherheet net, och wann nei Lockerungen am Raum stinn, well och wann déi sanitär Situatioun aktuell méi positiv ausgesäit, sou däerfe mer net vergiessen, dass mer elo nach net wëssen, wéi d'Situatioun am Hierscht oder am Wanter wäert sinn, well do kann et erëm ganz anescht ausgesinn.

A wann ech mir och als Liberale géif wënschen, dass et anescht wär, sou bleift d'Impfpflicht awer e Moyer, fir eis dorobber vurbereeden an esou ze evitéieren, dass mer nees mussen zu neie Restriktiounen gräifen.

En Enn vun der Pandemie ass do, wann eng dauerhaft Entlastung vun de Spideeler erreicht ass. Nach si mer net op dësem Punkt. Mee mir hunn et an der Hand, esou séier wéi méiglech dohinner ze kommen. Dowéinst iwwerstierze mer elo näischt. Mir bleiwe virsiichteg a mir lackeren do, wou et sënnvoll ass.

Ech bréngen domadder den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschtenen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Gilles Baum. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, merci. Ech wëlt haut, ee Mount no eiser leschter Adaptatioun vum Covidgesetz, vun der Geleeënheet profitéieren, fir e puer Merci lasszeginn:

Deen éischte Merci gëllt selbstverständlech dem Personal, dat am Gesondheits- an am Flegesektor schafft. Merci fir all déi Efforten, déi si elo schonn zwee Joer all Dag maachen, fir esou gutt wéi méiglech an a schwierige Konditiounen sech ëm déi séleg Krank ze këmmere. Ouni si an ouni déi Sacrificen, déi si all Dag op sech huelen, géife mer haut net do stoen, wou mer sinn.

Haut wollt ech dann awer speziell vun der Geleeënheet profitéieren, fir deenen iwwer 400.000 Leit Merci ze soen, déi sech impfe gelooss hunn. Et ass dësen Effort, dësen individuellen Effort vu jiddwer Einzelner, deen et erméiglecht, dass mir haut kënnen verschidde Restriktiounen ophiewen. Et sinn dës 400.000 Leit, deene mir et kënnen verdanken, dass mer elo nees e Stéck méi no a Richtung Normalitéit ginn.

Et ass eendeiteg: D'Lackerunge vun de Mesurén sinn eng Victoire vun deene Geimpften. Merci duerfir!

Dir Dammen an Dir Hären, dës Pandemie huet de Leit viles ofverlaangt. Vill Mesurén goufen déi lescht zwee Joer geholl, déi vill vun eise Fräiheeten ageschränkt un. Mir hunn d'Land an e Lockdown geschéckt. Mir hunn eng Maskepflicht agefouert. Spärstonne si komm, Diskothéike goufen zougemaach, Evenementer goufen annulléiert. D'Kulturen huet dorënner gelidden, d'Sportsclubb souwiso, d'Veräinsliewe louch brooch. An der Schoul hunn d'Coursé missen iwwer Visio organiséiert ginn. Besonnesch déi lescht Woche waren net

einfach fir d'Leierpersonal, fir d'Kanner, awer och fir hir Elteren.

Alles ass gemaach ginn, fir d'Kontakter op e Minimum ze reduzéieren, mat der Iddi, dem Virus esou mann wéi méiglech Plaz ze bidden. Distanz hale war an ass nach ëmmer de Mot d'ordre. Dobäi ass grad d'Zesummeliwwen e grouss Stéck vun deem, wat Lëtzebuerg eigentlech ausmécht. An dat Zesummeliwwen spiere mer am Sport, an der Kultur oder nach an deene sëllege Veräiner, déi mer hunn.

Ëmmer erëm gouf et d'Hoffnung, dass mer geschwënn aus deem ganze Misär erauskéimen an ëmmer nees huet awer de Virus eis eng ausgewëscht. Bei allem Schlemmen huet dës Kris och positiv Aspekter ervirbruecht. Mir si kollektiv méi no zesummegeeréckelt. Mir sinn als Gesellschaft zesummen un dëser Erausforderung, jo, un dësem historieschen Challenge e Stéckelche gewuess. An ech wëll dat hei ënnersträichen, besonnesch well ee beim Noriichteliesen oder wann een d'Demonstratiounen dobause kuckt, kéint mengen, dass de Contraire de Fall wär.

Fakt ass, dass d'Solidaritéit ënnert der Populatioun nach ni esou grouss war wéi haut. Wa mer haut eng Mask undoen, ass dat och, fir deen aneren ze schützen. Nach ni war deen einfache Saz: „Wéi geet et Dir?“ esou eescht gemengt wéi haut. Mee dat beschet Beispill, wat dat neit Zesummen ënnersträicht, ass déi exemplaresch Haltung vun deene Jonken. Déi Jonk: Si sinn déi, déi am mannste vum Virus ze fäerten hunn. Mir wësse vun Ufank un, dass déi Jonk manner ufälleg fir dës Virus sinn. Or, et si si, déi Jonk, déi déi meeschte Fräiheeten opginn hunn, an dat, fir hir Elteren, fir hir Grousselteren ze schützen, mee och, an dat ass ervirzestrichen, Leit, déi se vläicht iwwerhaapt net kennen. Ech fannen dat bemierkenswäert. An duerfir och deene Jonken e grouse Merci!

Léif Kolleginnen a léif Kollegen, déi Lackerungen, déi mer elo decidéieren, wäerten e gutt Stéck méi Fräiheet an eist Liewen zrëckbréngen. Dat heescht awer net, dass mer elo scho ganz iwwert de Bierg wieren. Duerfir ass et elo nach net de Moment, fir zu Lëtzebuerg e Freedom Day auszeruffen. Mir hiewen d'Restriktiounen duerfir och net komplett op. Mir bleiwen also virsiichteg. De Virus ass nach ëmmer ënnert eis an et ass och net ausgeschloss, dass nei Variante kommen oder am Hierscht eng nächst Well virun der Dier steet.

An ech wollt och duerfir hei kloer betounen, dass, wann d'Situatioun an de Spideeler nees méi kritesch gëtt, mer da gezwonge sinn, verschidde Mesuren a Restriktiounen nees anzeféieren. „Firwat also Restriktiounen ophiewen, wann de Virus an d'Pandemie am Allgemengen nach net eriwwe sinn?“, kéint ee jo froen oder wéi d'Oppositioun soen, d'Regierung géif hei e Richtungswechsel aschloen, deen inkohärent an onlogesch ass.

Neen! D'Ophiewe vu verschiddene Mesuren ass net onlogesch an och net inkohärent. Et ass au contraire d'Resultat vun enger kohärenter Politik, déi dës Regierung zanter dem Ufank vun dëser Kris fiert.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Erënnere mer drun, dass mir zu Lëtzebuerg ëmmer de Krittär vun der Belaaschtung vun eisem Gesondheitssystem als Haaptkrittär geholl hunn, fir d'Situatioun anzuschätzen an, falls néideg, eventuell Restriktiounen anzeféieren! An do gesi mer nun emol, dass den Omikron net déi gefaart Explosioun vu schwéiere Gesondheitsverleef (veuillez lire: vu schwéiere Krankheitsverleef) mat sech bruecht huet, wéi ee Moment gefaart gouf, wat och domadder ze dinn huet, dass vill Leit geimpft sinn. Och

wann den Omikron héich ustiechend ass, esou ass d'Situatioun an de Kliniken awer ënner Kontroll.

*(Interruption)*

Dës Krittär seet eis also, dass mer kënnen d'Schrauf e bësse méi labber dréinen. Speziell d'Restaurateuren dierft dës Nouvelle freeën. Si hu während dëser Kris besonnesch gelidden. Och wann d'Regierung vill Efforte gemaach huet, fir hinne finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen, esou wëllen déi Leit mat Houfert hirem Beruff nogoen an net mussen vu staatlechen Hëllef liewen.

Här President, dat neit Covidgesetz, dat mer haut de Mëtteg stëmmen, bedeit och eng Vereinfachung vun de Reegelen. An ech mengen, dat hei kënnen ze soen: Et war net ëmmer einfach während deene leschte Méint, ëmmer ganz genee ze wëssen, wat dann elo wéi a wou erlaabt respektiv verbuede war. Mee déi méi komplizéiert Approche hat natierlech och e Grund. Anescht wéi am Ausland, wou stänneg op- an zouge- maach ginn ass, hu mir zu Lëtzebuerg et mat eiser zwar komplizierter, mee differenzierter Approche fäerdegbruecht, d'Land relativ gutt duerch dës Pandemie ze navigéieren. Am Verglach: Éisträich huet net manner wéi véier komplett Lockdownen hannernt sech.

Op alle Fall kënt et mam neie Gesetz zu enger méi klorer Situatioun. Den 3G gëtt zur Reegel fir alles, wat d'Fräizäitaktivitéiten ugeet, an dat kann een natierlech nëmme begrëissen!

Erlaabt mer, Här President, nach e lescht Wuert iwwert d'Impfpflicht ze soen. Mir als LSAP gesinn d'Impfpflicht als Ultima ratio, wéi d'Gesondheitsministesch dat trefend formuléiert huet, als lescht Kugel, déi mer hunn, fir dem Virus Meeschter ze ginn. D'Oplackere vun de Mesurén gëtt net deene Leit Recht, déi sech nach net geimpft hunn. Am Contraire! An ech widderhuelen et: D'Lackerunge gi ganz eleng op de Kont vun deene ville Leit, déi solidaresch sinn a bereet waren, sech ze impfen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ech ruffen duerfir jidder een op, dee sech nach net geimpft huet, dat nach ze maachen. D'Impfe wirkt an d'Impfe bereet och op aner Mutatiounen vum Virus vir. Et verhënnert, dass mer eventuell eng nächst Well am Hierscht kréien. An haaptsächlech verhënnert et, dass mer nees kuerzfristig verschidde Restriktiounen mussen aféieren.

Mir kréien elo nei Vaccinen, méi traditionell Vaccinen. Dat ass eng gutt Noriicht fir all déi, déi vläicht nach veronséichert sinn den Ament vis-à-vis vun den mRNA-Impfstoffen. Duerfir profitéiert vun dëser Offer! Gitt Deel vun deem formidable gesamtgesellschaftlechen Effort, dee mir zesummen als Natioun leeschten.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Well nëmmen zesummen, an engem kollektiven Denken an Handeln, fanne mer aus dëser Pandemie eraus!

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Här President, ech hat mat engem Merci ugefaangen an ech géif och gäre mat engem Merci ophalen, well ech muss jo awer bal op dës Plaz och nach dem Rapport Mars Di Bartolomeo e grouse Merci soe fir säin detailléierte Rapport. Mir hunn et e puermol héieren: Et war scho säi 27. Rapport. An ech fannen, hie mécht dat nach ëmmer mat deem selwechten Äifer an Engagement wéi bei sengem éischten.

Ech soen Iech Merci a ginn d'Zoustëmmung vun der LSAP.

**Plusieurs voix** | Très bien!



**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos, Här Cruchten. Da wier et un der honorabeler Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, beim Vott vun de leschten zwee Covidgesetzer - dem 25. an dem 26., méi waren et der jo net - ware mer scho virgewart. D'Erfarungen, déi aner Länner mat der Omikron-Well gemaach hunn, sinn duergaange fir ze wëssen, datt dës Well och Lëtzebuerg net géif verschounen, a mir hunn eis mat méi strenge Moosnamen drop virbereet, méi oder manner „intuitiv“, jo, mee ëmmerhin op eng demokratesch Manéier hei an der Chamber.

Wat mir awer net konnte wëssen, war, wéi staark, oder besser gesot wéi schwach dës Well sech op eise Gesondheets- a Spidolssecteur géif auswirken. Obwuel d'Infektiounszone fërmlech explodéiert sinn, ass d'Situatioun an de Spideeler stabil bliwwen. An dat ass, wéi gesot, positiv, mee et war net virauszege-sinn.

Wéi et ausgesäit, ass de Peak vun der Omikron-Well méttlerweile iwwerschritt, an och dat ass positiv. An dat gëtt zousätzlech Grond zu Optimismus an ass souwuel vum sanitäre wéi och vum juristesche Standpunkt hier Grond genuch, fir déi streng Oplagen e Krack zréckzeschrauwen.

An deem Sënn begrësse mir, Dir Dammen an Dir Hären, d'Lackerungen, déi mat deem Projet de loi virgeholl ginn. De Rapportier Mars Di Bartolomeo huet se am Detail erkläert, duerfir kommen ech net drop zréck, wéilt him als - wéi nennt een Iech elo? - „permanentem Rapportier“ awer e grouse Merci ausdrécke fir déi Prezisiounen.

Dës Diskussioun ass net nei. Mir schwätzen ëmmer iwwer Aschränkungen, Lackerungen an Erëmpmaachen. Jiddwerfalls ass et dës Kéier esou, datt d'Decisiounen, déi mer haut huelen, net nëmme zu méi perséinleche Fräiheete féieren. Si hunn och als positiven Nieweneffekt, datt d'Ekonomie nees méi dynamesch kann dréien, virun allem och, well manner Leit weinst Quarantänen ausfallen, ouni datt se iwwerhaapt krank sinn.

Net anescht gesäit et och déi berodend Mënschenrechtskommissioun, déi d'Lackerungen u sech begrësst a bei der Erëmhierstellung vu wichtege Fräiheeten a Rechter am Léifsten nach méi wäit géif goen, wann déi néideg wëssenschaftlech Begrenzung dofir zur Verfügung géif stoen. Dat féiert dann natierlech och direkt zu der Fro, firwat mer net esou wäit gi wéi Dänemark. De Gilles Baum huet och d'Beispill vun Dänemark virdrun ernimmt.

Dänemark huet d'Coronarestriktiounen op den 1. Februar komplett opgehewen, mat Ausnam vun e puer Aschränkungen beim Areese vun Ongeimpften. Dat éischt Argument, fir dës Decisioun an Dänemark ze treffen, war natierlech dat, datt dee mëlle Verlaf vun der Omikron-Infektioun d'Spideeler generell manner belastscht. Dat zweet a fir eis och ganz wichtegt Argument fir de komplette Retour zur Normalitéit war den héijen Impftaux, deen Dänemark auszeechent. An der dänischer Gesamtbevölkerung läit deen Taux bei 81,2 %. Bei deene méi vulnerabele Persounen vun iwwer 60 Joer ass an Dänemark méttlerweile bal all Mënsch geimpft. An dowéinst ass et och kee Wonner, datt déi dänesch Premierministesch Mette Frederiksen kierzlech behaupt huet, d'Impfungen wieren d'Wonnerwaff vun Dänemark.

Här President, leider ass Lëtzebuerg net Dänemark. Zu Lëtzebuerg huet d'Impfcampagne vun der Regierung leider manner Friichte gedroe bis haut an d'Populatioun ass awer och vläicht par rapport zu der Impfung méi reservéiert wéi d'Dänen. Dat ass vläicht och eng

Saach vu Mentalitéit. Fakt ass jiddwerfalls, datt den Impftaux zu Lëtzebuerg bei eppes iwwer 72 % vun der Gesamtbevölkerung stagnéiert oder och liicht klëmmt, wat positiv ass. An dat ass och de Grond, firwat mir zu deem Moment nach méi virsiichteg musse bleiwe wéi Dänemark, wuel wëssend, datt d'Experten och bei der Omikron-Varianten Impftaux vun iwwer 80 % vun der Gesamtbevölkerung preconiséiert hunn.

Besuergeriseregend ass fir eis virun allem, datt zu Lëtzebuerg nach ëmmer gréisser Impflücken an der Populatioun vun iwwer 50 Joer festzestellen sinn. Och wann den Impftaux vu 86 % an der Altersklass gutt klénkt, sou kann een awer net ignoréieren, datt 14 % vun dëse Mënschen net geimpft sinn. An et ass och dat, wat ëmmer op en Neits vun den Experten ënnerstrach gëtt.

An Zuelen ausgedréckt heescht dat, datt ëmmerhi bal 31.000 Mënschen ab 50 Joer nach guer keng Impfung kritt hunn, woubäi ee jo muss wëssen, datt d'Impfung méi eng dauerhaft Immunitéit opbaut wéi eng Infektioun. Ab 60 Joer sinn iwwer 18.000 Mënschen nach guer net geimpft, woubäi méi wéi 114.000 Mënschen zu Lëtzebuerg ab 60 Joer nach net geboostert sinn. Dat geet aus den Tabellenn ervir, déi mer kierzlech zougestallt kritt hunn.

Et si virun allem dës Mënschen, déi nach ëmmer riskéieren, schwéier krank ze ginn an op der Intensivstation ze landen, virun allem, wa se ënner gewësene Virerkrankungen leiden. Dohier meng Suerg a gläichzäiteg och meng Fro, Madamm Minister, ob a wat och ugeduecht ass, fir déi eeler, méi vulnerabel Gruppen nach méi cibléiert ze erreechen, ze sensibiliséieren an hoffentlech och vun der Noutwendegkeet ze iwwerzeugen, sech esou séier wéi méiglech impfen ze loossen.

D'Entscheidung, fir d'Moosnamen also net direkt wéi Dänemark vun engem Dag op deen aneren opzehiewen, mee Schrëtt fir Schrëtt virzegoen, ass jiddwerfalls aus Grënn vu sanitärer Virsiicht ze begrëssen.

An der aktueller Situatioun musse mer eis jiddwerfalls nach ëmmer mat der Fro vun der Impfpflicht auserneeetzen, an deem Sënn, datt d'Impfpflicht och als Schutzschëld fir déi potenziell nächst Welle muss opgebaut ginn. Soulaang een net weess, wéi geféierlech dës Welle mat all hire Variante sinn, huet de Staat nämlech net nëmme d'Recht, mee en huet och d'Flicht, de Principe de précaution, de Virsuergeprinzip, unzewenden.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Dës Prinzip ass an eiser Verfassung verankert a gëtt dem Staat den Optrag, all méiglech Schied op déi mënschlech Gesondheet esou wäit wéi méiglech an esou fréi wéi méiglech ofzewieren.

An deem Sënn begrësse mir als Gréng, datt d'Regierung amgaang ass, en entsprecheenden Text auszeschaffen. A fir der Necessitéit an der Verhältnismäissegkeet och um juristesche Plang Rechnung ze droen, gëtt e geziilt op de Schutz vun der vulnerabelster Bevelkerungsgrupp an op de Schutz vum Spidols- a Flegesector als essenziellem Sektour ausgeriicht.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Sollt den Impftaux a kuerzer Zäit awer rasant klammen, wat mer jo alleguer hoffen, an déi bis haut Ongeimpft huele sech selwer an d'Flicht - dat wär jo schön -, stellt d'Fro vun der Necessitéit vun enger gesetzlecher Impfpflicht sech natierlech nei an da muss och déi diskutéiert ginn.

Här President, en zweeten essenzielle Sektour, deen nieft dem Spidolssecteur an der Pandemie ellen op d'Prouf gestallt gëtt, ass natierlech dee vun der Educatioun, deen zanter Woche mat negativer Schlagzeilen am Fokus steet. A well dee Sektour mer wirklech um Häerz läit, wéilt ech e puer Wierder doriwwer verléieren.

Fir déi jonk Generatioun ass et extreem schued an traureg, datt d'Situatioun an de Schoule sech an der Lescht zougespëtz huet mat ëm 7.500 Infektiounen an enger Woch. „D'Infektiounen klammen an onbekannt Héichten.“ „Den Educatiounsminister schléisst den Homeschooling punktuell net méi aus.“ „D'Energie vum Personal hält of. Et versicht een, sech all Woch duerchzekämpfen.“ „Als Schoulpersonal hu mir eis zu enger reegeler Covid-Taskforce entwéckelt.“ Dës an aner Sätz waren an de leschte Wochen an der Press ze liesen a beschreiwen d'Situatioun eigentlech ganz gutt.

Wéi gesot ass dës Entwécklung alles anescht wéi en Idealzustand, deen et géif erlaben, a gudde Konditiounen ze léieren an ze enseignéieren oder einfach emol zesummen opzewuessen als Jonker an als Kanner. Dës Entwécklung ass awer och erkläerbar: engersäits doduerch, datt déi jonk Schoulpopulatioun tëscht dräi an eefel Joer verständlecherweis nach net vill geimpft ass an de Virus séier erwëscht. Anersäits awer och, well et sech beim Schoulpersonal ëm eng Berufssgrupp handelt, déi méi wéi anerer vun Infektiounen beträff ass, well se méi wéi anerer all Dag an enkem Kontakt mam Virus steet, vu datt d'Kanner de Virus oft a sech droen.

D'Resultat dovun si masseweis Ännerungen an der Organisatioun vum Schoulalldag, d'Aschränkung vu ville wichtege Aktivitéiten, mee och Isoléierungen, an der Lescht och vill Quarantänen an den Ausfall vun ëm déi 15 % vum Personal.

An awer ass et an dëser schwieriger Situatioun ze einfach, just mam béise Fanger op d'Regierung respektiv op den Educatiounsminister ze weisen, wéi wann dat him egal wier. Hei kann ee just soen: « La critique est aisée, mais l'art est difficile. » Dësen Ausdrock staamt aus dem 18. Joerhonnert a passt ganz gutt an d'Diskussioun ronderëm d'Gestioun vun der Pandemie.

Jo, Dir Dammen an Dir Hären, kritiséieren ass einfach, mee eng Pandemie geréieren ass schwéier, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | ... och a virun allem an de Schoulen a Betreiuungsstrukturen, wou de Schutz vun de Kanner virum Virus an de Schutz vun hirem Grundrecht op Bildung an op fräi Entfaltung op ee gemeinsamen Nenner musse bruecht ginn. An dowéinst wéilt ech deene villen engagéierte Berufstätigen aus dem edukative Sektour - eleng am Schoulsecteur sinn et der 11.000 - am Numm vun der grénger Fraktioun einfach emol Merci soen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Si hunn e Merci verdéngt, grad ewéi d'Santéspersonal an de Spideeler, mee si gi méi oft vergiess.

Quitte datt d'Reegele vun der Regierung definéiert ginn, esou ass et nach ëmmer d'Personal um Terrain, dat d'Reegele muss ëmsetzen a gläichzäiteg derfir muss suergen, datt de Kanner hiert Recht op Bildung net ze kuerz kënnt. An där Hisiicht ass sécherlech net alles perfekt; dat wéll ech guer net soen. Wichteg ass mer awer ze betounen, datt zoue Schoulen an de leschte Wochen a Méint zu Lëtzebuerg tabu waren, obwuel de Presenzunrecht mat Rekordinfektiounszuelen ze kämpfen hat. An anere Länner kouw et zu Schoulschléissunge respektiv zu Streiker, wéi elo a Frankräich an an der Belsch.



Fir d'Schoulen zu Lëtzebuerg opzehalen, gëtt weiderhin op d'Maskepflicht an d'Distanzreegele gehalen, mee och op alternativ Léiermethoden an Homeschooling am Fall vu Quarantänen an Isolatiounen zréckgegraff, an donieft och op Ersatzpersonal, wat ëfters kritiséiert gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, och wann dës Ersatzpersounen net ëmmer héichqualifizéiert sinn, sou droe se awer e groussen Deel derzou bäi, datt d'Schoule bei eis net wéi an anere Länner am totale Chaos ënnerginn. Méi Suerge wéi deen éischter krisebédengte Réckgrëff op manner qualifizéiert Ersatzpersonal mécht eis als Gréng jiddwerfalls, datt ëmmer méi Kanner weinst enger Covidinfektioun am Spidol landen, hospitaliséiert musse ginn.

Am Januar sinn 30 Kanner weinst enger Infektioun an d'Kannerklinik ageliwwert ginn, ouni datt dës jonk Patienten a Patientinnen duerch aner Krankheete virbelaascht waren. Ganzer 15 Kanner hu grav Komplikatiounen entwéckelt an hunn zum Deel op der Intensivstatioun musse behandelt ginn. Derbäi kënn neten Erkenntnisser no de Risiko vum Long-Covid bei Kanner, dee sech zwee bis dräi Méint no der Infektioun ëmmer méi bemierkbar mécht. Wann een dat da weess, da kann een nëmme begréissen, datt d'Impfung fir Kanner ab fénnef Joer och zu Lëtzebuerg accessibel ginn ass, an da kann een nëmme hoffen, Dir Dammen an Dir Hären, datt impfesistent Eltere sech der Gefor bewosst sinn, déi hir ongeimpft Kanner lafen.

Dës éischter beonrouegend Entwécklung a puncto schwéiere Verlaf bei Kanner liwwert jiddwerfalls de Beweis, datt och Omikron nach ëmmer seng Tücken huet an datt de Virus nach ëmmer mat Iwwerraschung verbonne ka sinn. An awer ginn d'Experten dovun aus, datt d'Omikron-Well am Laf vun den nächste Méint méi oder manner iwwerstane wäert sinn. D'Entwécklung, wéi se an anere Länner ze beobachten ass, bestätegt dës Aschätzung. A soulaang wéi keng nei Variant optaucht, déi den Immunsystem op en Neits massiv op d'Prouf stellt an eng héich Virulenz opweist, kann ee jiddwerfalls dovun ausgoen, datt den Omikron sech bis zum Summer ausgetoobt huet.

Domat verbonnen ass dann déi grouss Hoffnung, datt d'Pandemie sech an eng Endemie entwéckelt an datt mir den nächsten Hierscht an engem endeemeschen Zoustand sinn - ech schwätze vun der Hoffnung. Bekanntlech ass en endeemeschen Zoustand en Zoustand, an deem d'Gesellschaft wéi bei all normaler Gripp léiert, mam Virus eens ze ginn, mam Virus ze liewen, ouni Fräiheeten a Rechter opzeginn. En endeemeschen Zoustand bedeit awer och, datt de Virus eis Gesellschaft net méi reegelméisseg mat geféierleche Wellen a Varianten iwwerrascht, mee vun der Geféierlechkeet hier zur Rou kënnt.

D'Fro, ob et den nächsten Hierscht schon esouwäit ass a weini mir d'Finall géint dës Pandemie definitiv gewannen, ka bis haut kee beäntweren. Fest steet awer, datt d'Impfung de Wee an d'Fräiheet beschleunegt an datt d'Gesellschaft net nach éiweg agespaart ka ginn, fir déijéineg ze schützen, déi d'Impfung ouni medezinnesche Grond verweigeren. Villméi musse mer deene ville Mënschen hir Fräiheeten a Rechter zréckginn, déi hir Verantwortung längst iwwerholl hunn. Dat ass déi grouss Majoritéit vun eiser Gesellschaft.

An et ass och dës grouss Majoritéit ze verdanken, datt mir den Angscht- a Panikmodus mat dësem Projet de loi verloosse kënnen an de Wee an d'Fräiheet schonn zum Deel kënnen untrieden, an der Hoffnung op nach vill méi Fräiheet.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktion a wënschen Iech all eng schéi Vakanz.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen (ADR) |** Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, et war bis elo e grouss Geheimnis, firwat d'Regierung all puer Wochen en neit Covidgesetz proposéiert, speziell déi lescht dräi Wochen, dës nach ier dat aktuell Gesetz, dat mer de 17. Dezember (veuillez lire: den 11. Januar) gestëmmt haten, ofleef. Ech mengen, mir wäeren der Ursach elo esou lues op d'Spuer komm: D'Regierung huet och, wéi d'Leit dobaussen, deels den Duerchbléck verluer, speziell och, wat d'Konsequenzen ubelaangt. Einzel Mesurë ginn elo erëm annulléiert, déi nach viru ganz kuerzer Zäit ënner Drock agefouert goufen.

Déi aktuell Situatioun gouf ons vum Här Mars Di Bartolomeo tipptopp erkläert. Dat verst mer, well dee mécht dat wéi ëmmer ganz gutt. An duerfir soe mer him fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport en härezeche Merci. An ech wëll dann hei bei dëse Mercien och dem Staff, deen hannert all deene Gesetzer steet, e Merci soen, souwéi och dem Fleegepersonal an alle Beräicher. Ech mengen, si hu méi wéi e Meritt, datt mer dës Kris esou gutt iwwerstanen hunn.

Als ADR begréisste mer, datt vill Reegelen am neie Covidgesetz manner streng gehale ginn. D'Quarantänreegele gehéieren dozou. A virun allem si mer frou, datt d'Regierung all d'Restriktiounen am private Beräich wëll ophiewen. Domadder verschwennt endlech eng Reegelung, déi et eiser Meenung no ni hätt däreffe ginn! Mee déi Moosname kommen elo ze spët a si ginn eis nach deels net wäit genuch, dohier wäerte mer och géint dës Gesetz nach stëmmen.

Et ass elo un der Zäit, fir bal all d'Covidmoosnamen zréckzezéien. Als ADR verlaange mer, datt den 1. Mäerz soll den Dag vun der Fräiheet ginn, andeem mer d'Liewen nees esou wäit wéi et nëmme geet ënnert dem Respekt virum Virus sollen normaliséieren. An do géife mer an Europa wierklech net eleng dosto: England, Irland, Dänemark, Schweden oder och nach d'Schwäiz, d'Lëscht vun deene Länner, déi d'Covidaschränkunge ganz ophiewen oder schonn opgehewen hunn, gëtt ëmmer méi laang a Lëtzebuerg dierf do onser Meenung no keng Ausnam sinn.

Mir verlaangen een Deel vun eise Fräiheeten zréck, mee mir verlaangen awer och eis verfassungsméisseg garantiéiert Grondrechter zréck an och d'Enn vum Covidpass op ville Punkten, vun de Kontrollen. Mir fuerdere Fräiheet an Egeverantwortung, dat heescht awer net Verantwortungslosigkeit. Wou mer vulnerabel Leit besonnesch musse beschützen, musse mer dat weider maachen. Wann nei sanitär Problemer sollte kommen, musse mer eis dorop ariichten. Awer d'Situatioun, wéi se elo ass, rechtfertegt eiser Meenung no keng Restriktiounen.

Duerch hir eege Propositione gëtt d'Regierung jo och zou, datt sech d'Situatioun gebessert huet. Mir gesi keng Iwwerbelaaschtung de Moment vun de Spideeler an déi aktuell dominant Infektiounen duerch d'Omikron-Variant sinn net harmlos, mee se si méi harmlos wéi gefaart, wa se dann iwwerhaupt zu Symptomen féieren. Et gëtt leider och eenzel Ausnamen, an dat ass schëmm genuch.

An alle kriteschen Alterskategorie läit den Impftaux bei wäit iwwer 80 %, dacks bal bei 90 % a méi, an all d'Bierger behale jo och d'Méiglechkeet, fir sech impfen oder noimpfen ze loossen. Mer hunn déi sougenannt Härdenimmunitéit mat Sécherheet erreecht. Do

derbäi sinn och elo effikass Medikamenter géint de Covid disponibel.

Et gëtt also eng kloer Entspannung, wat déi sanitär Moosnamen ugeet. Duerfir ass awer déi gesellschaftlech Situatioun weider ugespaant: D'Gesellschaft ass duerch d'Moosname vun der Regierung, den 2G an den 3G an/oder d'Perspektiv vun enger Impfpflicht déif gespléckt. D'Regierung huet an deene leschte Wochen ëmmer méi repressiv Reflexer entwéckelt.

Eigentlech hu mir bei der ADR eis doriwwer gefreet, datt den Här Kox op eemol konnt Honnerte vu Polizisten bei Demonstratiounen mobiliséieren. Komescherweis fënnt hien déi awer net, fir géint Messerpickerten an Drogenhändler virzegoen. Mir wëlle bei der ADR, datt eis Police nees kann hir Aarbecht géint d'Kriminalitéit maachen, woubäi mir se natierlech zu méi wéi 100 % ënnerstëtzen. Als ADR wëlle mer d'Gesellschaft nees zesummeffieren.

*(Interruption)*

Mir wëllen net nëmme de Leit hir individuell Fräiheet zréckginn, mee och eise Betriber. Déi Restriktiounen, ënnert deenen eis Ekonomie leit, stinn a kenger Relatioun zu de reelle Geforen. Op der Aarbechtsplaz muss den 3G komplett ofgeschafft ginn an et mussen nees normal Schaffbedingunge gëllen. Dat gëllt natierlech selbstverständlech ouni Kontroll vun engem Impfpass. Mir haten dat elo virun dräi Wochen agefouert an elo gëtt et schonn erëm gelackert - ech mengen, dat seet jo genuch -, ouni datt evaluéiert gëtt, wat dat bruecht huet oder net bruecht huet.

Och d'Berufsskummer gesäit an hirem Avis e fakultativen 3G op der Schaff ganz kritesch. Den obligatoreschen 3G war iwwerengeng eng Katastroph fir d'Entreprise. Déi ware mat ville Krankeschäiner vun hire Salarié konfrontéiert an och mat zousätzlechem administrativem Opwand. Dat hat och enorm negativ Repercussiounen op déi ganz Schaffwelt a ville Beräicher.

Och den Horeca-Secteur huet ënnert de Covidmesurë gelidden. Déi staatlech Hëllef si bei Wäitem net duergaangen, fir d'Lächer an de Keesen ze stoppen. No emol net engem Mount, dräi Wochen, ass elo Schluss mat deem Spuk. D'Regierung hätt wierklech besser gehat, direkt op d'ADR ze lauschten an esou eppes iwwerhaupt net anzeféieren.

*(Brouhaha)*

**M. Gilles Baum (DP) |** Et ass besser, si mécht dat net! Et ass besser, si mécht dat net.

**M. Jeff Engelen (ADR) |** D'Leit dobausse verstinn de Sënn net méi vun deem Ganzen. Si hunn den Iwwerbléck verluer an domat och d'Vertrauen an d'Moosname vun der Politik.

De Staatsrot wonnert sech a sengem Avis doriwwer, datt d'Covidbestëmmungen no knapp engem Mount schonn nees hifälleg ginn. Mee wann een d'Konsequenz vun esou Moosname gesäit, da ka sech wierklech doriwwer kee méi wonneren.

Vill Betriber hu schrecklech Arousse gehat. D'ADR fuerdert dowéinst vill méi grousszügig Hëllef fir eng ganz Rei vu Betriber, natierlech och am Horeca-Secteur, déi och retroaktiv musse gëllen. Ech mengen, den Här Fernand Kartheiser hat dat och geschter schonn hei virbruecht. De Staat, besonnesch d'Organisation vun der sozialer Sécherheet, sollen elo keng Sommations de paiement maachen an un d'Betriber erausschécken, well si hunn elo nach keng Suen. Den CCSS an anerer sollen domadder waarden, bis d'Betriber nees normal kënnen schaffen an och nees Sue verdéngen.



Här President, den Här Staatsminister kennegt d'Lackierung vun de Moosnamen un, hält awer gläichzäitig un enger Impfpflicht fest. Dat mécht natierlech iwwerhaapt kee Sënn. Dat soen net nëmme mir, mee och déi Konsultativ Mënschrechtskommissioun. D'Impfpflicht ass a villen europäesche Länner ewell vum Dësch. Hei am Land ass virun allem nach d'CSV dovun begehrt an déi dräi Regierungsparteie sinn alt nees emol oneens an deem Punkt.

Ech verweisen dann op en Interview vun der Madamm Justizministerin vum 7. Februar am „Wort“. Hei seet d'Madamm Tanson, datt eng Impfpflicht kee Wonnermëttel an och kee Selbstzweck ass. Si ruddert also dynamesch zréck a gëtt an engem och zou, datt eng Pflichtimpfung eeben en Agrëff an déi perséinlech Fräiheet ass.

**Une voix** | Hutt Der der Madamm Lorsché virdrun nogelasscht?

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Wat fir en Ënnerschied zu den Erklärungen vun der grénger Fraktioun hei an der Chamber, déi d'Impfpflicht nach an der leschter Zäit zu engem hellege Gral hei erkläert huet!

(Brouhaha)

Wann elo schonn déi Ministerin, déi um Gesetzestext fir eng Impfpflicht schafft, esou Aussoen an der Öffentlichkeit mécht, da muss ee sech awer wirklech Froen stellen. Duerfir verlaange mir, datt d'Regierung de Projet vun enger Impfpflicht direkt soll fale loossen. Mir sinn a bleiwen als ADR fir fräiwëlleg Impfungen a kloer géint eng Impfpflicht!

Elo gëtt op eemol scho vun enger véierter Impfung geschwat. Dat werft eng ganz Rei nei Froen op iwwert d'Wirksamkeet vun deenen Impfungen. Wéi laang soll dat dann nach esou virgoen? Musse mer geschwënn all dräi Méint untrieden, fir d'äerfen an de Kino ze goen? Fir eis ass d'Fräiwëllegkeet primordial wichteg, grad och well sech ëmmer méi erausstellt, datt och d'Covidimpfstoffe eng Infizéierung mam Virus net verhënneren, wuel kënnen d'Krankheet andämmen oder lindere, awer net verhënneren. An et gëtt och e Risiko vun Niewewierkungen, dee warscheinlech méi héich ass wéi bei all deenen aneren Impfungen virdrun.

D'Regierung schénkt esou wéineg wéi méiglech iwwert déi potenziell Geforen an Niewewierkungen vun de Covidimpfstoffe kommunizéieren ze wëllen. Dat weist och hir Kritik un der rezenter Initiativ vun der Patientevertriedung, déi déi hei lancéiert hat. Déi hat op der Internetsäit en Onlineformulaire agefouert, wou betraffe Leit Niewewierkungen vun enger Coronaimpfung androe kënnen. An der Tëscht huet awer d'Gesondheitsministerin d'Patientevertriedung opgefuerdert, fir dee Formulaire zréckzezéien, well en net mat der Santé ofgeschwat war.

Esou Virgänger weisen eiser Meenung no, datt d'Vertrauen an d'Coronapolitik vun der Regierung noléisst. D'Leit froen sech, ob si iwwert d'Risiko vun den Impfungen korrekt opgekläert goufen an ob eventuell Niewewierkungen och wirklech ëmmer gemellt a publizéiert goufen. An deem Sënn wëll ech och nach zwou Motiounen deponéieren, Här President.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

## Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- d'Doktere fir d'Erstelle vun engem Patienterapport iwwer eventuell Niewewierkungen vun enger Covidimpfung am Abléck net remuneréiert ginn,

ass sech bewusst, datt

- doduercher, datt d'Doktere aktuell keng Remuneration fir e Rapport iwwer Niewewierkungen kréien, eventuell net all d'Niewewierkungen vu Covid-Impfstoffe enregistriert a gemellt ginn. Et ass jo esou, datt d'Erstelle vun esou engem Rapport kann esouwuel zäit- an aarbechtsintensiv sinn, an et wär dowéinst nëmme richtig, wann en Dokter fir déi Aarbecht och géing remuneréiert ginn,

fuerdert d'Regierung op,

- fir esou séier wéi méiglech am Kader vun enger Quadrupartie eng nei medezinnesch Tarifkatoun ze proposéieren, déi et géing erlaben, en Dokter fir e Rapport iwwer Niewewierkungen vun engem Covid-Impfstoff ze remuneréieren.

(s.) Jeff Engelen.

## Motion 2

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- sech d'Madamm Justizministerin Sam Tanson de 7. Februar 2022 an engem Interview an der gréisster Lëtzebuerger Tageszeitung kritesch zu enger Impfpflicht geäussert huet: „Ich will nicht partout eine Impfpflicht. Sie ist kein Wundermittel und kein Selbstzweck.“ Weider sot si: „Die Impfpflicht stellt einen Eingriff in das Recht der körperlichen Unversehrtheit dar.“;

- eng Impfpflicht nëmme a ganz wéinege Staaten ageféiert gouf an et éischer esou ass, datt Pläng fir eng Impfpflicht a ville Länner fale gelooss ginn,

ass sech also bewusst, datt

- d'Madamm Justizministerin, déi un engem Gesetzestext fir eng Impfpflicht schafft, selwer net iwwerzeegt vun enger Impfpflicht ass, sief dat am Kader vun enger sektorieller oder allgemenger Impfpflicht,

fuerdert d'Regierung op,

- de Projet vun enger Impfpflicht zu Lëtzebuerg definitiv falen ze loossen.

(s.) Jeff Engelen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Léif Kollegen, fir d'éischt natierlech e grouse Merci un de Reporter fir säi 27. Gesetz an natierlech och un d'Ministerin an all hir Mataarbechter fir nach eng Kéier all dës Efforten a kuerzer Zäit.

Dësem Gesetz, dat mer haut stëmmen, läit folgende Constat zugronn, dat krute mer esou gesot: d'Entkopplung tëscht den Infektionszuelen an den Hospitalisatiounen an d'Stabilitéit an de Spideeler. Mir kënnen hei als déi Lénk u sech d'Lackierung vun dëse restriktive Moosnamen, déi jo en place waren, guttheeschen. Mee mengt net, mir géifen an d'Luucht sprange vu Freed, well dës Moosname waren zum groussen Deel net néideg.

Den 2G gëtt ofgeschafft. Natierlech ass dat gutt, mee dat ass nëmme normal an evident, well dës Moosnam hat keng Daseinsberechtigung fir eis. Si huet et e bësse méi wéi ee Mount gepackt. A wat huet den 2G da bruecht ausser Frust, Verzweiflung a Roserei? D'Iddi war jo, Drock auszeüben op déi ongeimpfte Leit, fir sech impfen ze loossen. Eng Logik, déi mir denoncieren! A wéi vill Leit hu sech dann doduerjer impfe gelooss? Schwéier erauszefannen, well et ass natierlech e Mix vu Mesuren an et si bekanntlech keng Evaluatioun gemaach ginn, wéi d'Kolleege vun der CSV et gefrot haten.

Egal wéi mengt mir, dass een net stolz muss sinn, wann duerch den Drock d'Impfungen an d'Luucht gaange sinn. Ech mengen nach ëmmer, dass dat keng konstruktiv a keng nohalteg Approche ass an dass et aner Weeër ginn hätt. Elo gëllt nees den 3G am kulturellen, am sozialen an am Sportsliewen. Et ass en Oopotte fir vill Matmënschen a Kulturschaffender a Sportler.

D'Spärstonn vun 23.00 Auer gëtt opgehuewen. A wat huet déi Spärstonn da bruecht - dat géife mer gär wëssen - ausser Frust a Verzweiflung bei deene Betraffenen aus dem Horeca-Secteur? 23.00 Auer war eng arbiträr Limit an hat - nach eemol - keng wëssenschaftlech Assise a keng Daseinsberechtigung.

Den 3G dann ass elo net méi obligatoresch, no knapp engem Mount en place, woubäi esou vill Efforten hu missen ënnerholl ginn, fir dës Regim ze installéieren. Dozou seet de Staatsrot: « Le projet de loi sous avis opère [...] un revirement de l'approche de la protection contre la Covid-19 au travail, sans pour autant donner les raisons qui motivent ce changement, pourtant fondamental. » A war et wirklech néideg, dat freet och d'CCDH. « Si cette mesure intrusive et contraignante », soe si, « justifiée par le gouvernement et le parlement par une prétendue urgence, devient maintenant facultative au bout de trois semaines, les responsables et les salariés doivent se questionner sur l'opportunité d'exercer tant de pression. »

Firwat brauche mer den 3G dann iwwerhaapt nach? Wann d'Argument dofir, dass et net obligatoresch ass, ass, well et eng Stabilitéit an de Spideeler gëtt, da froen ech mech: Kënnen mer déi Mesuren dann net ganz si loossen? Wat bréngt den 3G op der Aarbecht? Och do wësse mer net vill, well, wéi mer scho gesot kruten op Nofro vun de Kolleege vun der CSV hin, goufe jo keng Evaluatioun gemaach.

Wat soll deen Hin an Hier an esou kuerzer Zäit? Et besteet de Risiko, dass d'Vertrauen an d'Politik, an d'Regierung, an all d'Institutionen verluer geet. Dozou d'Mënschrechtskommissioun: « Cela porte atteinte non seulement à la crédibilité des autorités politiques, mais fragilise aussi celle des responsables des employeurs qui ont dû relayer cette mesure, l'expliquer, la justifier et l'imposer. »

Et gëtt och e Risiko, dass kee méi weess, wou mer wirklech dru sinn, dass mer nach méi Leit ënnerwee verléieren, well eebe vill Leit net verstinn, firwat dës spezifesch Moosnamen elo geännert gi sinn no esou kuerzer Zäit a wat se iwwerhaapt bruecht hunn. Wat läit deem zugronn vu wëssenschaftlechen Donnéeën? Och do zitieren ech nach eng Kéier d'Mënschrechtskommissioun: « La CCDH pense que cette façon de procéder, qui fait souffler le chaud et le froid sans que l'on comprenne toujours le pourquoi, fragilise fortement la crédibilité en les autorités politiques. »

Da gëtt et keng Kontaktquarantän méi an och d'Isolatioun ass dann eriwuer, wann ee sech zweemol negativ test mat 24 Stonnen dertëscht. Hei kann ech mer eigentlech just soen, dass dat déi Haaptinstrumenter vun der Pandemiebekämpfung waren an deenen zwee, bal zwee Joer - esou hunn ech et zumindest verstanen. Et ass mer zwar bekannt, dass et ënner anerem drëms geet, d'Ekonomie um Rullen ze halen an essenziell Servicer um Funktionéieren ze halen, wat legitim ass. Mee ech duecht, dass sanitär Consideratiounen ëmmer géifen dominéieren. Elo baséiert alles oder villen op Vertrauen. Wann dës Mesur während zwee Joer néideg waren, si se et dann net och nach haut, well d'Pandemie ass bekanntlech net eriwuer?



Des Weideren ass dës Mesur sanitär gesi riskant, dat muss ee jo esou soen, well d'Schnelltester de Maillon faible sinn, wéi mer et ëmmer gesot kruten, a manner sécher si wéi PCR-Tester a well d'Schnelltester verschiddepen Etüden no beim Omikron nach manner sécher sinn. Ech zitieren den Andreas Bobrowski vum däitsche Berufsverband der Laborärzte: „Man kann mit Sicherheit davon ausgehen, dass bei der Omikron-Variante die vorher schon schlechten Tests noch schlechter sind und insofern noch falschere Ergebnisse zeigen.“ Et ass dann dee selwechte Schnelltest, deen eigentlech gutt ass fir en Infizierten, fir sech negativ erasetzten, mee deen net gutt ass, fir e Kaffi drénken ze goen, fir een, deen ongeimpft ass.

D'CCDH freet dann och no spezifesch Moossname fir d'Protektioun vu vulnerabele Leit, wat d'Kontaktquarantän ugeet. Weider wonnert d'Menscherechtskommissioun sech dann och, firwat verschidde Populationsgruppen an dësem Gesetz dra sinn an anerer net. An dëst ass eng immens pertinent Fro: Firwat sinn zum Beispill d'Awunner vum Prisong a vum Centre de rétention an dësem Gesetz an awer nach ëmmer net d'Awunner vun Alters- a Fleegeheemer? Well wéi d'CCDH et schreift: « [...] toute ingérence dans les droits humains nécessite une base légale suffisante. »

Doheem da kann een elo esou vill Leit invitéiere wéi ee wëll, an dat ouni iergendwellech Restriktiounen oder Precautiounen. An do kann ech dann eigentlech just parallel un eis Kanner denken, déi elo erëm mat Maske bis zu sechs a méi Stonnen den Dag an de Schoule setzen, obwuel si kee Groupe vulnérable sinn a sech dräimol d'Woch teste loosse, an dat obwuel a parallel währenddem déi positiv Getest sech kënne fräitesten ouni Kontroll, Kontaktpersonen och keng weider Oplagen hunn a mir doheem Larifari kënne maachen. Bon, ech weess, d'schoulesch Mesur sinn net an dësem Gesetz dran, mee ech fannen dat mécht weineg Sënn an et ass net ganz fair vis-à-vis vun de Kanner, déi kee Groupe vulnérable duerstellen.

Da Froen zu der wëssenschaftlecher Basis vun dësen Ännerungen, do huet de Staatsrot och Interrogatiounen, ech zitieren: « Le Conseil d'État note que ces affirmations ne sont pas accompagnées de références à des données scientifiques. » D'Referenz fir dës Ännerung sinn dann déi Mesuren, déi am Ausland geholl goufen, souwäit ech et verstane hunn. Do constatéiert de Staatsrot eng gewëssen Inkohärenz, well op där enger Säit de Constat gemaach gëtt, dass et zwar eng Stabiliséierung gëtt, an op där anerer Säit awer, dass een net genuch Recul hat an och net genuch Donnée-scientifique, dass déi och nach rar wieren, esou wéi et am Gesetz steet.

Da kommen ech net derlaanscht, mech ze froen, wat dann elo d'Kohärenz tëscht dëse Lackerungen an der Impfflicht ass, déi jo awer iergendwéi hire Wee mécht, sou wéi et sech unhéiert, zumindest via Studien, déi grad ënnerwee sinn. D'CCDH stellt sech och Froen zu dem Message, deen d'Regierung ronderëm d'Impfung vermittellet. Ech zitieren nees eng Kéier: « La CCDH a des difficultés à comprendre la position du gouvernement, si à peine un mois après, des mesures qui étaient selon ce dernier supposées contribuer à augmenter le taux de vaccination, sont levées. » Wat ass elo eigentlech virgesinn, froe mir eis. Wéi eng Approche huet dann elo d'Regierung, wa se gläichzäiteg eng Impfflicht preparéiert a parallel Mesuren aféiert, déi eigentlech e Message vermittelten, dass d'Pandemie geschwënn eriwuer ass oder zumindest net méi esou schlëmm ass?

A wat d'Virbereedung vun der Zukunft ugeet a fir eng gewësse Previsibilitéit ze kréien a weiderhin net esou vill an en Hin an Hier ze verfallen, proposéiert d'Mën-

scherechtskommissioun nach eemol, e Pandemiegesetz ze preparéieren. Nach eng Kéier eng Citatioun: « Elle réitère sa recommandation de préparer une loi “pandémie” afin d'améliorer la qualité des textes votés et d'éviter autant que possible les nombreux changements de direction auxquels le Luxembourg est confronté depuis deux ans. »

Mat all dëse Froen an Inkohärenzen, déi mir gesinn, wäerte mir dergéint stëmmen, obwuel ech, éierlech gesot, laang hin- an hieriwwerleucht hunn, well ech jo awer och positiv Saachen hei dra gesinn, eeben déi Lackerungen, déi jo awer an eisen Aen iwwerhaapt net néideg waren. Dofir wäerte mir dergéint stëmmen, well et eeben och nach ëmmer dës Logik vum 3G ass an deen Drock, dee mir eebe schonn déi ganzen Zäit denoncieren.

Merci fir d'Nolauschteren an eng ganz schéi Vakanz Iech alleguerten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An da wier et um honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, kuerz ier eng nei Gesetzespropos zum Covid soll deposéiert ginn, fänke Frënn a Bekannten ëmmer erëm un ze froen, ob een da schonn eppes weisst, ob da schonn een eppes gesot hätt, wat an deen neien Text géif drakommen. Dir kennt dat sécher alleguerten. Den Telefon leeft waarm, Facebook, Messenger, Twitter, Instagram an esou weider, iwwerall froen d'Leit Iech: „Wat kënnt dann elo? Wat geschitt?“

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Si froen dee Falschen.

(Hilarité)

**M. Sven Clement** (Piraten) | A well mäin Zougang zu vertraulechem Regierungswëssen, wéi Der da jo awer wësst, méi limitéiert ass, wéi meng Kolleegen dat vläicht mengen, muss ech dann an der Reegel séier zouginn, datt ech et net weess. Ech weess et net, wat am neien Text wäert stoen, ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Nach net.

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... bis d'Chamber en da presentéiert kritt. Mee fir awer net komplett anunglos ze wirken a guer näischt op d'Froe vu menge Frënn ze äntweren, soen ech da meeschtens awer emol zumindest, wat ech denken, wat ech mer erwaarde kéint, wat ech héieren hunn, datt gemaach wäert ginn.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Dir sidd eebe fein.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ma ech kann Iech soen: Ech louch nach ni esou falsch wéi dës Kéier. Dëst Covidgesetz huet mech kal erwëscht!

**Plusieurs voix** | O!

**M. Sven Clement** (Piraten) | No all deenen Diskussiounen iwwer eng Impfflicht, ...

(Interruption)

... iwwert déi Onsécherheeten, déi mat der Omikron-Variant verbonne sinn, an d'Wichtigkeet vun deem nei agefouerten 3G op der Aarbechtsplaz hätt ech mer alles erwaart, mee dach net, datt mer no knapp engem Mount den 3G-System op der Aarbecht nees iwwer Bord werfen, d'Quarantän komplett ofschafen an och am Fräizäitberäich nach Lockerunge maachen, an dat och nach just virun enger Vakanz, wou de Kontakt dann och nach eemol an d'Luucht geet. Hätt ech op déi nei Mesur misse wetten, hätt ech vill Geld verluer.

**Une voix** | O méi!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech wäert dem obligatoreschen 3G op der Aarbechtsplaz sécher net nokräischen. Mir Piraten hunn dës sozial ongerechte Pay-to-work-System schliisslech vun Ufank un net ënnerstëtzt a fuerderen och weiderhin, datt och de fakultativen 3G op der Aarbechtsplaz muss esou gestalt ginn, datt e Leit mat klengem Portmonni net iwwerproportional belaaucht. Mee datt ech de System net gutt fonnt hunn, dat war bekannt.

Mee datt och d'Regierung an d'Majoritéitspartei selwer esou séier de Glawen an hiren dach esou superen Outil verluer hunn, dat huet mech dann awer iwwerrascht! Op där enger Säit gëtt nach vu sektoriellen Impfflichte geschwat an op där anerer Säit ass alles gutt genuch, fir an alle Berufssecteuren ëmfaassend Labberungen ze maachen. Do stëmmt dach iergend-eppes net.

Ech traue mech bal net, et ze soen, well de Begrëff an der Tëschenzäit esou oft gefall ass, datt een en net méi héiere kann an en d'Potenzial - bal wéi „superfataire“ iwwerengs - zum Unwort huet, mee: Do ass dach eppes komplett „inkohärent“, léif Kolleeginnen a Kolleegen! Wéi sollen d'Leit mat esou enger Kommunikatioun d'Vertrauen an d'Regierung a virun allem an d'Mesuren behalen? Wéi solle se novollzéie kënnen, firwat wéi eng Mesuren da wichteg sinn, a sech dann och nach drun halen, wann do wierklech kee roude Fuedem méi ze gesinn ass?

Ech sot et scho méi wéi eng Kéier: An dëser Kris ass et essenziell, datt gutt kommunizéiert gëtt, fir datt d'Leit verstinn, wat ee mécht. Well wa kee verstee, firwat dat, wat d'Politik entscheet, wichteg fir eist Liewen ass, ma da wëll sech och keen drun halen. An da riskéiere mer, zousätzlech ëmmer méi Demonstranten op der Strooss ze hunn. Dat misst dach wierklech net sinn!

Et ass jo net, wéi wann d'Regierung moies géif opstoen an als eenzege Gedanken hätt, wat se dann haut Verrécktes maache kéint, fir d'Leit emol nees e bëssen ze verwirren. Ech menge wierklech net, datt d'Regierung moies opsteet an dat als Zil huet. Ech weess, datt ganz, ganz vill Leit ganz vill Energie an Aarbecht investéiere fir ze evaluéieren, wéi eng Mesuren zu wéi engem Moment vun der Pandemie déi beschit sinn. Mee wann um Enn awer just widderspréichlech Messagen erauskommen, da muss ee sech net wonnen, wann déi ganz vill Aarbecht, déi een investéiert huet, um Enn keng oder weineg Ënnerstëtzung fënn.

Amplaz elo hei ze maachen, wéi wann d'Situatioun gutt wär an een duerfir Labberunge maache kéint, a gläichzäiteg ze soen, dass een awer nach onbedéngt vill impfe misst, well d'Situatioun jo awer nach net gutt ass, sollt d'Regierung einfach éierlech sinn. Si sollt elo einfach éierlech soen, datt hei d'Strategie gewiesselt gëtt an een, nodeems een d'Kontroll iwwert d'Omikron-Well komplett verluer huet, wéi de Claude Wiseler dat virun exponéiert huet, elo op eng Durchseuchungsstrategie setzt. Dat ass nämlech dat, wat hei an dësem Text steet.

A wann een et aus dëser Perspektiv kuckt, ass dat Ganz och direkt manner inkohärent, well da kann ee Labberunge maachen, well een d'Ausbreedung vum Virus jo guer net méi komplett stoppe wëll, mee probéiert, datt méiglechst vill Leit eng natierlech Immunitéit entwéckelen. An da kann een och weider d'Wichtigkeet vun der Impfung betounen, well déi hëlleft jo dobäi, datt nach méi Leit nach méi séier protegéiert sinn. An dat ass och wichteg, fir datt bei deenen héijen Infektionszuelen, déi mer dann automatesch kréien an déi jo bewosst a Kaf geholl ginn, trotzdem net ze vill Leit stierwen oder de Gesundheitssystem iwwerlaascht gëtt.



D'Duerchseuchungsstrategie, déi mer an de Schoule jo scho méi laang gesinn hunn, kënn mat dësem Gesetz also elo och fir de Rescht vun der Gesellschaft. Mee ass dat de richtige Wee? Ass dat déi richtig Strategie an dëser Pandemie? Ma ech muss ganz éierlech soen, ech hu meng Zweifel dorunner.

Jo, kee vun eis war virdu schonn an enger Situatioun wéi dëser an d'Datelag zu Omikron ass nach ëmmer dënn. Duerfir ass et schwéier soen, wat hei eng richtig a wat eng falsch Decisioun ass. Mee soll esou eng Situatioun mat esou vill Onbekannten elo wierklech de richtige Moment fir de Strategiewissel sinn? An och nach grad elo am Februar, wou mer dach erfahrungsgeméis wëssen, dass am Fréijoer d'Zuele souwiso gläich nees wäerte falen, an zwar net, well mer manner Tester maachen an doduerjer eis Inzidenzen elo artificiel méi niddreg gi sinn. Well wa mer eis nämlech d'Zuelen a virun allem d'Diminutioun vun der leschter Woch ukucken: Wann een déi nämmelech Unzuel vun Tester wéi virun zwou Woche gemaach hätt, hätt mer och d'lescht Woch quasi déi nämmelech Inzidenz gehat.

Also fir vun engem Erofkommen aus der Well ze schwätzen, ass mengen ech verfréit. Mir hunn einfach manner getest an duerfir manner Fäll fonnt. Dat ass et, zumindest, wann een éierlech mat sech selwer ass an déi Zuele ganz objektiv eng Kéier kuckt an eng Règle de tri maache kann, déi jiddweree vun eis am Primaire oder am Fondamental, wéi dat dann haut heescht, geléiert huet.

(Interruption)

Firwat muss mer also elo, esou kuerz virun deem Punkt, wou d'Situatioun sech souwiso wäert entspannen, nach e risquant Experiment maachen an iwwerstierzt Labberungen huelen? Wisou muss mer elo mat dësen neie Mesurë riskéieren, dass vill méi Leit matenee krank ginn an eist Gesondheetspersonal awer vläicht an Usproch huelen, wann et an e bësse méi wéi engem Mount dach ausgestane kéint sinn? A wisou muss mer elo mat dësen iwwerstierzte Labberungen all déi Leit virun de Kapp stoussen, déi am leschte Mount esou staark ënner Drock gesat gi sinn, dass se sech zum Schluss awer impfe gelooss hunn, an elo gewuer ginn, dass et guer net néideg gewiescht wär?

(Brouhaha)

Wat mengt d'Regierung mat dësem Gesetz an deem domat verbundene Strategiewissel ze gewinnen? Ech weess et net! Ech gesinn hei just en Text, dee vill Leit, déi frësch geimpft sinn, fir kënnen schaffen ze goen, frustréiere elo. An ech fäerten, dass eng ganz Partie vun hiinnen aert och keng zweet Impfung wäert kréie wëllen, wann den 3G op hirer Aarbechtsplatz ewechfällt. Esou gesäit Planungssécherheet net aus!

An ech sot et schonn, ech sot et hei méi wéi eng Kéier: Mir si vum Notze vun der Impfung iwwerzeegt. Ech kann nëmmen den Appell widerhuelen fir déi Leit, déi nach net geimpft sinn: „Loosst Iech impfen, et ass en neien Impfstoff do.“ Mir wäerte jo iergendwann elo och héieren, wat de CSMI zum neien Novavax gesot huet, wéini et deen dann nach gëtt. Vläch iwwerzeegt dat nach eng Kéier deen een oder deen aneren. Mee ganz éierlech, wa mer mat der Campagne, mat deene Milliounen un Euro, déi mer u Kommunikatioun ausginn hunn, fir d'Leit ze iwwerzeegen, se bis elo net iwwerzeegt kruten, se mam Drock vum 3G op der Schaff respektiv vum 2G a quasi allen anere Beräicher net iwwerzeegt kruten, wéi menge mer dann, dass mer elo déi Leit sech fille loosse, déi sech de leschte Mount impfe gelooss hunn, fir elo gewuer ze ginn, dass se nëmmen hätt missen e bësse waarden an dann hätt se et awer ouni gepackt?

Jo, ech gleewen un d'Impfung! Jo, ech sinn der Mee-nung, dass jiddweree sech soll impfe loosse, deen et kann! Mee mir dierfen net vergiessen, dass et nach ëmmer e fräie Choix ass, e Choix, deen ech net deele géif, mee e fräie Choix. An déi Leit komme sech mat esou inkohärente Mesuren dach liicht veraascht vir.

Ech sot et schonn, mir waren och kee Frënd vun der Iddi vum 3G op der Aarbecht, wann net séchergestallt ass, dass dat dem Patron oder dem Employé net finanziell zur Laascht fällt. Mee wann d'Regierung an d'Majoritéitsparteien dann dëse Wee eebe gewielt hunn, ech mengen, da misste se en awer wéinstens esou laang goen, dass een dat duerno evaluéiere kéint, ob et epidemiologesches eppes bruecht huet oder net. Mee mir brieche jo elo alles of, ier et iwwerhaupt richtig ugefaangen huet, an et gëtt emol net richtig erkläert, firwat dat geschitt.

Et gouf ee Mount laang esou vill Drock gemaach an elo op eemol ass alles ok, ouni dass sech d'Situatioun an den Zuele manifestement geännert hätt. Dësen Zickzackkurs hale mir Piraten definitiv fir de falsche Wee a mir hunn och duerfir manner laang mat eis selwer gehadert a stëmmen dëse Projet net mat. Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

### Prises de position du Gouvernement

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt erlaabt mer, och dem Rapport, dem Mars Di Bartolomeo, Merci ze soe fir de Rapport.

Erlaabt mer, just kuerz op dat anzegoen, wat vun Oppositionssäit komm ass, dass déi eng frou wieren, déi aner net frou wieren, déi eng frustréiert, déi aner net frustréiert wieren. Hei geet et weeder ëm Freed nach ëm Frustratioun. Hei geet et ëm Situatiounen. Et geet drëms, Situatiounen ze analyséieren. A mir hunn et fäerdegbruecht, elo a Mëtt ... mee elo, wou mer sinn, awer och eng gewëssen Distanz vis-à-vis vum Developpement vun der Omikron-Variant kënnen ze hunn, déi et erlaabt, elo an där Situatioun, déi mer hunn, och eng méi grouss Normalitéit ze fannen. An ech wäert och zum Schluss op d'Definitioun vun Normalitéit zrëckkommen.

Zu den Zuelen: Wann een d'Zuele kuckt, hu mer 6,2 % vun de Leit, déi virdu mat Delta hospitaliséiert gi sinn, 6,2 %. Deen Taux läit beim Omikron mat 1,6 % fënnefmol drënner. Mir gesinn: Bei de 50+ louch den Taux d'hospitalisation Delta bei 19,9 %, dat heescht bal 20 %. Mir gesinn: bei Omikron 6 %. Dat ass bal e Véierel, si on arrondit. An de Soin-intensiv gesi mer en Taux vun 0,2 % bei Omikron bei engem Taux vun 1,7 % bei Delta. Dat heescht, mir gesinn, dass et e risegen Ënnerschied ass mat der Situatioun vun Zuele vun Infektiounen an eeben och Repercussiounen an de Spideeler. Mir gesi bei der Populatioun 50+ zum Beispill op den Intensivstatiounen, dass se beim Delta bei 6,3 % louch an elo bei 1 %, dat heescht sechsmol manner.

Déi Zuele weisen, dass d'Omikron-Variant, déi zu Lëtzebuerg och majoritär present ass, en aneren Impakt op d'Spideeler huet wéi deen, dee mer déi lescht Méint zu Lëtzebuerg kannt hunn. Dat ass eng Tatsaach.

An der Zäit konnte mer eis och zum Beispill op d'Kläranlage baséieren, andeem een zum Beispill gesinn huet, wann d'Kläranlagen donkelrout waren,

dass dann automatesch an deenen nächsten zéng Deeg och de Risk war, dass eng Hausse vun de positive Fäll an och vun den Hospitalisatiounen kéint sinn. Dat kënn mer haut net méi.

Duerfir ass et wichteg fir eis, wann een dat heite kuckt. An och net ze vergiessen, net nëmmen Omikron, mee och d'Zuele vun de Vaccinatiounen sinn haut anerer wéi déi, déi mer virun zwielef Méint oder viru méi wéi annerhallwem vore zwee Joer haten.

Mir sinn am Moment bei Leit iwwer 50 Joer, déi jo de Risk hunn, dee gréisste Risk hunn, fir an d'Spidol ze kommen, bei iwwer 87,6 %, déi eng zweet Impfung hunn. An d'Chance, déi mer och hei zu Lëtzebuerg hunn, Här President - an duerfir och e grousser Merci un all déi Leit - 77,5 % vun de Leit iwwer 50 Joer si scho geboostert ginn. Dat sinn Zuelen, déi a villen anere Länner net erreecht gi sinn.

Hei gëtt gesot, d'Impfung géif net esou gutt fonctionéieren. Mir gesinn, dass déi Leit, déi geimpft ginn, gutt matmaachen an och geboostert gi sinn. An och wann dës Woch op eng Kéier d'Gefill komm ass, et misst nach eng véiert Impfung gemaach ginn, nee, dat ass wierklech ganz, ganz limitéiert. Mir bréngen et am Moment fäerdeg, mat deem Booster hei zu Lëtzebuerg och gutt duerchzekommen.

An da gëtt probéiert, ze vermischen hei: Impfflicht mat Omikron, mat Mesuren ... Dat huet näischt mateneen ze dinn! Deen, deen nach ëmmer net verstanen huet, dass eng Impfflicht eng Garantie, eng Assurance supplémentaire soll sinn fir eng nächst Vague an näischt mat Omikron-Varianten oder mat Allegementen elo ze dinn huet, probéiert hei, alles zesummen an en Dëppen ze geheien. Trennt wannechgelift déi Debaten ee vun deem aneren!

A wat sinn ech frou - hei ass nees vum Stufeplang geschwat ginn, Här President -, wat sinn ech frou, dass mer kee Stufeplang hunn! Well mat deenen Zuele vun Infektiounen wiere mer - géif ech scho bal soen - déi lescht acht Méint an engem Lockdown, mat enger anerer Partei un der Muecht. Wa just d'Zuele gekuckt gi vun Infektiounen! A mir hunn déi Flexibilitéit gefrot an déi Flexibilitéit huet eis am Fong erlaabt, de Leit esou vill Sécherheet, wéi gebraucht ka ginn, fir se, wa se gebraucht gëtt, eeben och ze hunn. An dat war wichteg.

A wann ee vun Normalitéit schwätzt - erlaabt mer just, nach op deen dote Punkt anzegoen -: Mir kënnen net vun Normalitéit schwätzen, wann iwwer 70 Leit an de Spideeler leien - bei enger Gripp hu mer dat net -, wa mer awer all Dag Leit hunn, déi stierwen. Dat heescht, d'Gefill ze ginn, dass de Virus fort wär an dass kee Problem méi do wär, wier falsch. Mee op där anerer Säit kann een net soen, dass et eng Normalitéit wier, dass een ab zéng Leit muss beim Ministère de la Santé eppes deklaréieren, dass d'Caféen um 23.00 Auer mussen zoumaachen, dass d'Restauranten um 23.00 Auer mussen zoumaachen, dass d'Diskoer iwwerhaupt zou sinn, dass ee fir Baler ze organiséieren eng Rëtsch vu Restriktiounen brauch, dass een de Leit am Fong elementar Rechter limitéiert, dass dat op eng Kéier eng Normalitéit géif ginn!

Ech wëll just drun erënneren, dass de But vun der Politik de Kader ass, fir déi Sécherheet ze garantéieren, awer net fir d'Fräiheeten ze limitéieren! A mir gesinn duerfir am Moment, an d'Spidol zuele soen et, dass mer an enger anerer Situatioun si wéi déi, déi mer nach am Dezember oder am Januar haten, wéi mer eeben all déi Informatiounen an déi Repercussione vun enger Omikron-Variant net kannt hunn.

Mir kënnen also net einfach soen, mir géife waarden, mir géifen et kucken. Hei ass vun „intuitivem“ Feeling



geschwat ginn, fir elo kënnen awer ... Nee, ech sinn e bëssen iwwerrascht iwwert déi Positioun, well mir kréien de Virwurf gemaach, mir hätte keng Zuelen, mir hätte keng Etüden. Ech hu probéiert, Iech déi Zuelen ze weisen - e Fënnfettel, e Véierel, e Sechstel - tëschent Omikron an Delta, déi hu mer schwaarz op wäiss. Dat sinn Zuelen, déi si public. Déi kann ee liesen, mee awer intuitiv d'Gefill hunn, bei de Caféen a bei de fräien Nuechten oder fir d'Restaurante sollt een eppes anerersäits decidéieren. Fir mech: „intuitiv“, „Intuitioun“, dat ass sécher eppes - mee hei si Fakten, hei sinn Zuelen! Et si Previsiounen vun der Uni, déi do sinn.

Ech wëll net Premier sinn an engem Land, wou mer einfach akzeptéieren, dass Fräiheeten ageschränkt ginn, well mer der Meenung sinn, dass dat vläicht awer da méi Sécherheet kéint ginn, wou mer dann a fënnf oder sechs Méint kéinten de Bilan zéien. Nee! Fir mech muss d'Aschränkung vu Fräiheeten eng Exceptioun bleiwen an dierf net eng Reegel sinn, Här President.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Premierminister.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Just, Här President, wann Der erlaabt, ech wier frou, wann den Här Engel fir d'éischt kéint d'Wuert hu virun der Madamm Ministesch, fir eeben op deen Accord interprofessionnel, dee mer och haten, ganz kuerz dierfen anzegoen, well ech mengen, dass dat och deen een oder deen aneren heibannen interesséiert. An da géif d'Madamm Gesondheitsministesch schwätzen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Jo, Här Premierminister, erlaabt Der nach, datt den Här Kartheiser Iech eng Fro stellt?

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Selbstverständlech!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech wollt eigentlech just ... Den Här Premierminister, wann ech e richtig verstane hunn, huet elo gesot, mir hätten déi Zuelen net, déi 70, bei enger Gripp. Dat war jo dat, wat den Här Premierminister elo gesot huet: 70 an de Kliniken?

Ech wollt just hei un eng Question parlementaire erënneren, déi den Här Halsdorf gestallt hat un d'Madamm Mutsch - si war deemools Gesondheitsministesch - de 25. Januar 2017. Dat ass nämlech ganz interessant: « L'inspection sanitaire de la Direction de la santé suit le nombre hebdomadaire de décès et a constaté que ce nombre est passé d'une moyenne hebdomadaire d'environ 80 décès à environ 120 décès par semaine à la mi-janvier 2017. » Mir haten deemools 120 Doudeger an der Woch! « Ce phénomène est constaté tous les ans lors de l'épisode grippal. Le surplus de décès survient principalement auprès de personnes ayant des problèmes de santé graves et qui se trouvent en fin de vie. Les décès ne sont souvent pas directement dus à la grippe elle-même, mais sont la conséquence de l'infection virale aggravant les problèmes de santé préexistants. » Eppes, wat mer och bei Corona elo ganz gutt kennen.

Ech wollt dat just hei soen, Här Premierminister, fir Iech ze soen, ...

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Ech hat gemengt, et wier eng Fro!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, mee nee, dann huet et als Parole après ministre.

*(Hilarité et brouhaha)*

Huet et dann als Parole après ministre. Mee ech wollt Iech just soen: Dat ass 2017.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, jo ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Eng Grippenepidemie huet eng ganz aner Dimensioun, wéi mer et hei an Erënnerung hunn. Am Abléck leie mer bei 3, 4, 5 Doudeger pro Woch - dat ass regrettable -, déi un oder mam Virus stierwen. Ech wollt Iech just soen, datt bei enger Grippenepidemie, wéi mer se all Joer haten - sot d'Madamm Mutsch als Ministesch 2016/2017 -, d'Doudeszuellen nun emol wäit méi héich louchen. Just eeben, well Dir vu „Fakte“ schwätzt. Dat hei si Fakten!

Merci.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, wann Der just ganz kuerz erlaabt, wéilt ech Iech soen, dass ech mech hei staark distanzéiere vun deene Propose vum Här Kartheiser, deen hei mécht, wéi wann d'Covidsituatioun eng einfach Gripp wier, dat selwecht wier. Dat soll een deenen dausend Leit soen, wourënner ganz vill Leit keng Virerkrankung haten, net al waren, keng Pathologie haten an haut net méi op dëser Welt sinn! No all deene Repercussione weltwäit, déi mer haten! Ech akzeptéieren dat doten net! Mir sinn hei mat eng gemeinsamer, kollektiver Responsabilitéit vis-à-vis vun der Gesondheet vun de Leit. Ech fannen et inakzeptabel, dass een hei d'Gefill gëtt, wéi wa Covid eng einfach Gripp wier: „Kommt, e kleng Sirop, dann ass den Dag drop alles an der Rei.“ Ech distanzéiere mech dovun!

*(Brouhaha)*

An ech si frou, dass an der Chamber esou Positiounen minoritär bleiwen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Premierminister.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Fait personnel!

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Kartheiser freet nach eng Kéier d'Wuert fir Fait personnel.

*(Exclamations)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Also den Här Premierminister soll wannechgelift zur Kenntnis huelen, datt ech net gesot hunn, Corona war eng einfach Gripp! Et sinn zwou verschidde Krankheeten.

*(Brouhaha)*

Et sinn zwou verschidde Krankheeten, déi jiddereng hir Geforen hunn an hir Charakteristiken. Mee wat ech wollt soen, wann Der vu Fakte schwätzt, dat ass, datt mer d'historesch Wourecht net sollte vergiessen an d'Envergure vun der Belaaschtung vun de Spideeler an d'Doudesfäll bei der Grippenepidemie eeben elo net sollten negligéieren oder klengschwätzen. Dat heiten ass elo einfach eng historesch Wourecht. An Dir schwätzt vu Fakten, majo, dann huet déi heite wannechgelift och zur Kenntnis! An dat ass eeben eppes ganz anescht.

A wou ass de Problem, Här Staatsminister?! Wann ech hei eng Question parlementaire rappeléieren, déi d'Madamm Mutsch als Ministesch beäntwert huet, an Dir gitt hei den Androck, Dir wäert frou, datt esou eng Positioun an der Chamber minoritär wär! Ma sidd Dir Iech eigentlech bewosst, datt Der hei zwou Saache vermëscht?

*(Brouhaha)*

Engersäits eng medezinnesch Wourecht, ...

*(Interruptions et coups de cloche de la présidence)*

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... anerersäits eng politesch Rhetorik, eng politesch Rhetorik, déi hei näischt verluer huet!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, erënnt Iech drun, wat ech Iech eréischt gëschter gesot hunn!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Wann Dir esou weidermaacht, dann ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Wa si brëllen, da muss ech méi haart schwätzen.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, mir sinn hei an der Chamber - Dir vergiesst dat heiansdo - an do ass en ugemossenen Toun ubruecht.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | D'accord.

**M. Fernand Etgen**, Président | A gëschter nach hutt Der mer Recht ginn ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo.

**M. Fernand Etgen**, Président | ... a wann Der dat nach eng Kéier esou maacht an an deem doten Toun hei schwätzt, da muss ech Iech am Fong geholl einfach dat ginn, wat eist Reglement dofir virgesäit.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Maja.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | An d'Wuert geet elo un den Aarbechtsminister, den Här Georges Engel.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... sot wannechgelift eise Kolleegen heibannen, datt, wann ech schwätzen, se och sollen nolauschtenen.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Nee, Här Kartheiser, Dir bréngt et net fäerdeg, fir Iech selwer am Zam ze halen.

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Merci fir d'Wuert, Här President. Ech géif da gären op déi Froen äntwären, déi den Här Wiseler hei gestallt huet. Effektiv huet e Froen iwwert deen Accord interprofessionnel gestallt, déi en net konnt wëssen, well deen Accord interprofessionnel eréischt haut de Moien um 9.30 Auer definitiv ënnerschriwwen ginn ass. D'Verhandlung ware laang, waren net ëmmer ganz einfach.

Mir hate schon en Accord fonnt den 3. Februar. Dunn hate mer den 9. Februar nach eng Kéier diskutéiert. Dunn hu mer nach eng Kéier owes diskutéiert an et ware wierklech länger Verhandlungen. An haut de Moien ass dunn en Accord komm, deen eng Preamble enthält, wou de konstruktive Geescht vun deenen Diskussiounen do ënnerstrach gëtt an och, dass ee keng weider zousätzlech Mesurë ka verhandelen, wann ee sech mat der Delegatioun zesummesetzt, wat den 3G facultatif ugeet.

Et soll just ëm den 3G goen an net nach ëm aner Saachen, déi ee ka verhandelen. An da sinn dräi Artikelen dran. Deen een ass, dass den 3G facultatif muss mat engem Accord écrit vun der Delegatioun zustane kommen. Deen zweete seet, wat soll geschéien, wann en net zustane kënn, dass dann déi normal Reegele vu Mask an Distanz kommen. An deen drëtten Artikel seet, dass eng Période de transition drakënnt. Déi Période de transition huet 14 Deeg, maximal 14 Deeg. Wann ee sech virdrun eens gëtt, dann zielt natierlech deen Accord.



Mir hu 14 Deeg geholl, well mir hunn elo Vakanz an et si vläicht eng Rei Leit, déi an der Delegatioun sinn, net disponibel, soudass mer da bis no der Vakanz freides geholl hunn, fir dass se kënnen en Accord fannen. Wann et éischter ass, wéi gesot, kann een och éischter en Accord fannen, an deen zielt dann. An no deene 14 Deeg ass et automatesch den 3G facultatif, deen dann och am Artikel 1 kloer gereegelt ass.

Da wollt ech och nach e Wuert soen iwwert d'Gemen-gen. Dir hutt gefrot, wéi et an de Gemen-gen ass. Ech weess, dass eng ganz Rei vu Gemenge scho mat hiren Delegatiounen geschwat hunn an och do scho gesot hunn, wéi se et gäre wëlle maachen. Dat ass schonn alles op deene Plaze gekläert.

Et ass awer och esou, dass d'Inneministes eng Circulaire préparéiert huet, déi se natierlech eréischt ka fortschécken, wann d'Gesetz bis gestëmmt ass. Déi wäert och nach haut an d'Gemenge goen, soudass d'Gemen-gen „au moment même“ direkt informéiert sinn, wéi se solle virufueren. Esou wéi d'Inneministes dat allkéiers gemaach huet, kréien d'Gemen-gen dann och eng Circulaire bei dësem Gesetz.

Voilà. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools fir déi Prezisioun vum Här Aarbechtsminister Georges Engel. Da Parole après ministre fir den Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Ech soen och dem Aarbechtsminister Merci fir déi Renseignementer iwwert deen Accord, deen haut de Moien da fäerdeg ginn ass. Mee nach hunn ech awer d'Fro: Dat, wat Dir elo an dem Accord ënnerschriwwen hutt, do steet awer eppes anescht elo am Gesetz! Dat heescht, wann ech richteg verstanen hunn, steet am Gesetz ganz kloer, datt, wann net esou en Ofkommen an engem Privatbetrib do ass mat der Delegatioun, dann am Prinzip direkt déi Reegel applikabel ass, datt mer zrëck op d'Rassemblementsreegele falen. Elo hutt Dir an Ärem Ofkommen eppes anescht virgesinn.

**M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire** | Nee.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Jo, da musst Der mer et awer nach eng Kéier erklären. Also ech ginn dovun aus, datt vun de Méinden un do, wou d'Delegatiounen an d'Patronat vun engem Betrib sech net op eppes gëeenegt hunn, d'Rassemblementsreegelen automatesch müssen de Fall sinn, och wa se alleguer gär den 3G hätten, dee bis elo applikabel wier - ansonste steet eppes anescht am Gesetz.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Wiseler. Da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier zrëck un den Här Aarbechtsminister.

**M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire** | Dir hutt ganz Recht. Entweder gëtt et en Accord, an deen Accord kann nëmmen zustane kommen, wa mer och en Accord mat den Delegatiounen hunn. Also nëmmen da gëtt et en Accord op den 3G. Wann deen Accord net zustane kënn, wann et also keen 3G gëtt, da fale mer zrëck op d'Reegel vun de Rassemblementen.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Jo, mee nach: Den nächste Méinden ass iwwerall Rassemblement, do wou keen Accord ass, och wann dann dräi Deeg duerno en Accord kënn.

**M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire** | Nee, och dat steet an deem Accord dran. Et steet dran ...

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Awer net am Gesetz!

**M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire** | Jo, et ass en Accord interprofessionnel.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Jo, mee mir hunn awer hei eng legal Situatioun.

**M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire** | Dat heescht, am Privaten ass et esou, dass si sech eens gi sinn, dass se den 3G bäibehalen, bis se eng nei Reegelung fonnt hunn. An déi ass spéitstens no 14 Deeg ze fannen.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Jo, mee Här Minister, ech wëll awer da froen: D'Gesetz gesäit awer elo eppes anescht vir wéi Ären Accord interprofessionnel. Ech fannen dat, wat Dir am Accord interprofessionnel elo gemaach hutt, prinzipiell richtig. An dat ass och de richtige Wee. Mee ech soen Iech, deen hätt awer missen am Gesetz zumindest als Méiglechkeet stoen. D'Gesetz gesäit momentan eppes anescht vir.

*(Interruptions)*

Dir wësst, fakultativ ass den 3G. Soulaang keen Accord do ass, ass et d'Rassemblementsregel. Dat ass dat, wat d'Gesetz virgesäit vum nächste Méinden un, egal wat am Accord interprofessionnel steet.

**Une voix** | ... ab haut den Owend.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Ab haut den Owend.

**M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire** | Dir wësst, dass am Gesetz eng Dispositioun virgesi war, déi den 3G facultatif sollt méiglech maachen am Accord mat de Sozialpartner. Dir wësst awer och, dass duerch eng Opposition formelle vum Staatsrot deen Accord net esou méiglech war. A mir sinn eis duerfir eens ginn, souwuel am Secteur public wéi am Secteur privé, dass mer deen heiten Accord esou konnten zustane bréngen, sief dat am Secteur privé mat där Reegelung, déi mer elo hei proposéiert hunn, an am Secteur public, wou den 3G da bleift.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Minister. Da Parole après ministre fir d'Madamm Polfer.

**Mme Lydie Polfer (DP)** | Jo, am Fong einfach fir ze weisen, wéi einfach a kloer dat ka goen: D'Stad Lëtzebuerg huet de Moien „en accord“ mat hiren Delegatiounen decidéiert, datt bis den 28. Februar den 3G géif gëllen an duerno eeben net méi. Dat hu mer am vollen Accord gemaach. Esou hate mir op alle Fall déi Reegel och verstanen. An ech mengen, dat ass a gréisster Harmonie iwwert d'Bün gaangen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Polfer. Dann nach fir d'éischt den Här Minister Marc Hansen.

**M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique** | Jo, just kuerz, fir eng Kéier ze erklären, wéi et an der Fonction publique geschitt, well ech mengen, et ass net onwichtig. Ech hat et an der Chamberskommission schonn erkläert. Do ass et effektiv esou - wéi den Text et virgesäit -, dass d'Chef-d'administrationen d'Méiglechkeet hu vun der Fakultéit. Dat ass richtig. A mir sinn eis awer do och mat de Sozialpartner eens ginn, dass den 3G obligatoresch wäert weidergefuert ginn, soudass deen dann och an deenen nächsten Zäiten, bis zum Enn vun dësem Text, bis den 30. Abrëll, esou weidergefuert gëtt, wéi en am Moment am Asaz ass.

Dat ass net deen direkten Accord, deen zwëschent de Privatsecteursorganisatiounen ass. Deen ass getraff gi fir d'Fonction publique an deen ass eebe mat der CGFP zesummen och esou ausgehandelt ginn, soudass et an den Administratiounen e bëssen anescht ass a wäert weiderlafen, esou wéi d'Gesetz et och virgesäit.

**M. Fernand Etgen, Président** | An och hei merci fir déi Prezisiounen. An da Parole après ministre fir d'Madamm Simone Asselborn-Bintz.

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** | Jo, ech wollt mech och einfach der Madamm Polfer hire Wieder uschlëssen. Mir hunn dat och bei eis an der Gemeng de Moie scho gereegelt, mat dem Avis vun den zwou Delegatiounen. Dat heescht, dat geet ganz einfach. Mir hunn och den 3G bäibehale bis auf Weiteres. Voilà!

*(Brouhaha)*

A jiddwereen, nach anerer, voilà, warscheinlech der nach méi.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. Ech mengen, da kënn mer elo weiderfueren an der Madamm Gesondheetsministesch, der Madamm Paulette Lenert, d'Wuert ginn.

*(Brouhaha)*

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President. Ech wollt eigentlech ufänke selbstverständlech, fir dem Rapport Merci ze soen fir dëse 27. Rapport, an ech stelle fest, dass mer et déi 27. Kéier hikritt hunn, och méi expeditiv ze sinn. An dann hate mer awer elo nees e klengen Exkurs, deen awer net onwichtig ass. Dat heite weist och erëm eng Kéier, dass déi voraussend Angscht, dass mer eppes net ëmgesat kréien, net ëmmer berechtigt ass. Wann ech hei héieren, dass dat op ville Plaze scho gereegelt ass, da sinn ech do manner an der Suerg wéi vläicht aner Leit.

Et ass vill ugeschwat ginn: Eng aner Strategie vun der Regierung, et gëtt net evaluéiert, wat de Sënn war vun deene viregte Mesuren ... D'Strategie an d'Logik dovunner waren eendeitig déi vun der Preventioun!

Wann ech vu Preventioun schwätzen: Wat ass dat? Mir hunn als Basis fir déi Preventiounsmesuren unanime Warnunge vu sämtlechen Experte gehat, dass ee mat där Omikron-Variant misst oppassen, dass déi extreem schnell wär an dass mer gutt berode wäeren als Länner, preventiv ze handelen, Kontakter probéieren ze drosselen, well mer zu deem Zäitpunkt net woussten, wat deen Omikron géif mat sech bréngen um Niveau vun der Pathogenitéit. Dat heescht, wéi krank wäert en d'Leit maachen? Wäerte mer mat méi an de Spideeler ze rechnen hunn oder net?

Mir hatten also e ganz grousst Fragezeichen am Raum, wat een am Fong geholl dozou veruloosst, preventiv Moosnamen ze huelen: Preventioun par rapport zu engem potenzielle Risk, dass mer et mat engem Variant ze dinn hunn, deen d'Leit géif extreem krank maachen. Wa mer vun der Preventioun schwätzen, da wësse mer par définition net, ob dat, wat mer fäerten, wäert antrieden oder net.

Elo hu mer déi immens Chance, dass dat net esou komm ass, wéi een et hätt kënn befäerten. Da kënn mer forcement och net evaluéieren, ob eis preventiv Mesuren duergaange wäeren. Dat nennt een de Preventiounsparadox an dat ass eng Evidenz, dass, wann de Risiko, deem ee wëllt virbeugen, net antrëtt, een net kann evaluéieren, wat da geschitt wär, wann dat agetruede wär, well et ass jo net agetrueden. Also kënn mer dat beim allerbeschte Wëllen net evaluéieren! Dat ass eng Evidenz an der Preventioun.

Et hätt ee kënnen, wann et schlëmm komm wär, evaluéieren, ob et duergaangen ass, ob mer méi streng hätte misse sinn, mee wann et nun eeben emol anescht kënn - an et ass zum Gléck anescht komm -, da kann een dat leider par définition net evaluéieren. Dat ass eng ganz normal, inhärent Konsequenz vun der Preventioun, am Fall wou de Risiko eeben net antrëtt.



Dat wat mer festgestallt hunn, ass déi Entkoppelung, déi mer och net just hei zu Lëtzebuerg festgestallt hunn. Et ass eeben net esou schlëmm komm, wéi et hätt kënne kommen. Mir hu gesinn, dass d'Neiinfektione ganz staark eropgaange sinn an dass an de Spideeler awer eng Stabilitéit bliwwen ass, déi sech iwwer Woche bestätegt huet, bei eis e bësselchen zäitversat par rapport zu anere Länner, mee och bei eis, soudass dat een dozou veruloosst, dann déi preventiv Mesuren dee Moment, wou een déi doten Assurance huet, dass et net esou komm ass wéi ee gefaart huet, erëm opzehiewen. Dat schéngt mer iergendwéi logesch.

Dat ass eppes, wat mer schonn e puermol gemaach hunn a mir hunn och e Beispill: Dir erënnert Iech, e Joer virdru ware mer genau an esou enger Situatioun, wou gewarnt ginn ass virun de Feiere vun Enn des Joers, wou gesot ginn ass: „Passt op! Macht keng Lockerungen!“ Déi Preventioun deemools ass och net ganz gutt verstane ginn. Mee wann Der d'Beispiller kuckt vun deene Länner, déi net dorobber gelauscht hunn, déi net preventiv gehandelt hunn, eh bien, do ass et eebe schifgaangen an do huet ee gesinn, dass déi Preventiounsmesuren, déi mir beispillsweis en place haten, sech bewäert hunn. Déi hu gewierkt gehat, well et ass bei eis net an d'Mauer gaangen dee Moment.

Aleng dat ass schonn eng Erkenntnis, déi mer haut hunn, déi een och deemools net hat. Mee ee Joer méi spéit huet een déi an da kann een iergendwou och dorobber zrëckgräifen a soen, et ass deen dote Genre vu Mesuren, deen ee muss huelen, fir eebe preventiv d'Kontakter erofzesetzen.

Da géif ech och gären ënnersträichen: Et ass déi 27. Kéier. A mir kréien et dës Kéier genau wéi all déi aner Kéieren net hin, op eng Linn ze kommen. Deenen enge geet et net wäit genuch, déi aner fannen, dass et ze vill onvirsichteg ass. Dat wäerte mer och bis zum Schluss vun där Pandemie net hikréien.

Ech hunn awer e Problem domadder, wann een den 3G-Regimm, deen elo generaliséiert en place ass, als Normalitéit dohinnerstellt. Dat ass alles anescht wéi normal! Mir sinn nach an engem ganz virsichtegen Szenario, wou mer quasi sämtlechen Aktivitéite Sécherheetsmoossnamen ënnerleeën. An aleng dat, wann een en zertifizierten Test verlaangt, fir an de Restaurant ze goen, fir egal wéi eng Aktivitéit en gros an där Tëschephas, wou mer sinn, ass dach awer nach ëmmer eng virsichteg Haltung.

Mir sinn och do erëm an eiser Strategie, déi mer vun Ufank un hunn: Mir sprangen net allze vill wäit, mir maache virsichteg Schrëtt, mee hei maache mer e grouse Schrëtt, mee nach ass et just e Schrëtt. Mir sprangen net direkt op de Freedom Day, wéi aner Länner dat vläicht e bësselchen méi waghalseg am Moment maachen. Mir huelen e grouse Schrëtt an da kucke mer, wéi dat evolueiert, ier mer en nächsten huelen. Och dat ass näischt Neies, sou hu mer vun Ufank un ëmmer gehandelt an där Kris hei.

Mir fléien am Niwwel an där Pandemie a villen Hisiichten. Jo, och nach ëmmer. Mir wëssen eng Rei Saachen, mee viles wësse mer och elo net. Mir wësse beispillsweis net, wat am Hierscht op eis waart. Mir wëssen net, wat déi nächst Variant wäert sinn. Dat bleift Niwwel. Mee mir fléien awer net ouni Kompass an ouni Radar. Mir hunn eis Indicateure vun Ufank un en place hei. Déi si ganz detailléiert: wou mer d'Surveillance maachen, wat sech deet an de Kliniken, souwuel op de Soins normaux wéi op der Intensiv. Vill Länner hunn dat net. Dir schwätzt ëmmer vill vu Stufeplang a vun Däitschland. Däitschland huet haut nach keng Vue op seng Soin-normalen, national

gesinn. Dat ass eisen Indicateur. Dat ass eise Radar, un deem mer eis orientéieren. An dee gëtt eis Gréng Luucht, fir deen heite Schrëtt ze verrieden. Ouni Risiko ass näischt, och elo net. Mee mir sinn der Meinung, dass mer dee Schrëtt hei elo kënne maachen.

Dat wat mir monitoren, ass eise Gesondheetssystem. Et ass deen, ëm deen et geet an asoufern ass och Covid selbstverständlech net gläichzestell mat der normaler Gripp, déi och Doubesfäll mat sech bréngt. Dat ass ganz kloer, dat ass gewosst a gëtt absolutt net geleugnet. Mee dee Stau, deen dat heite verursaacht, well d'Leit, wa se matenee krank ginn, eebe mateneen op der Intensivstation landen, dat ass spezifesch fir déi heite Krankheet. An dat ass am Fong dat, wat eis Suerg ass vun Ufank un: dass eise System riskéiert zesummenzebriechen duerch eeben deen Aflux virun allem an den Intensivstationen.

Wat mer haut kënne soen, an dat ass dat Positivt, dat ass, dass mer et mat eiser Strategie fir ze boosteren am Fong fäerdegbruecht hunn, gutt duerch d'Kris ze kommen. Mir hu relativ soft Mesurë gehat am Verglach zum Ausland an ech mengen, dass eis Leit séier wuel matkréien, wat och am Ausland esou lass war, wou relativ drastesch Lockdownen hu misse gemaach ginn. Dat hate mir elo net an deem Sënn, mee mir hunn et am Verglach zu anere Länner eebe fäerdegbruecht, déi eeler Leit ganz gutt ze schützen. Mir hunn der vill, déi duebel geimpft sinn, a mir hunn der virun allem verhältnisméisseg méi wéi aner Länner, déi och scho ganz geboostert sinn.

Dat erkläert zum Beispill - et ass Dänemark zitéiert ginn, mee ech géif gäre Spuenien als Beispill huelen -: Spuenien huet och e remarkabelen, rekordverdächtige Impftaux vun 98 an eppes Prozent, ech mengen, zimmlech genau gradesou héich wéi Dänemark. Bei hinne waren awer duebel esou vill Leit op der Intensiv. Dat heescht, dat Ausschlaggeebend - an dat wësse mer, wa mer d'Analys maachen -, dat ass wierklech de gudde Schutz an der eelerer Kategorie vu Leit an och de Booster, dee gemaach ginn ass.

Et gesäit een den Ënnerschied. Lëtzebuerg huet mat engem generellen Taux, dee méi niddreg ass, besser Resultater op sengen Intensivbetter, well mer eebe vill Leit geboostert hunn, ëm 10 % vun de Leit méi geboostert beispillsweis wéi a Spuenien, soudass een dat Ganzt alles muss nuancéiert kucken. An d'ofir géllt et och, bei der Staang ze bleiwen, well wann eppes net geännert huet, dann ass et, dass et déi vulnerabel Leit sinn, déi eeler Leit, déi mat Virerkrankungen, déi och an Zukunft wäerten exposéiert bleiwen.

An en anere Niwwel, dee mer och nach hunn, dat ass deen vun der Nihaltkeet vun Impfschutz. Do weess een nach net alles. Mir gesinn haut, dass eeben déi am beschten derduerchkomm sinn, déi rezent geimpft sinn, déi geboostert sinn, sou wéi et recommandéiert ass. Wat am September wäert sinn, wësse mer net, mee eent wësse mer: Et ass wichteg, dass mer déi Vulnerabel souwäit wéi méiglech geschützt hunn. An d'ofir ass et, wéi de Premier sot: Et muss een déi Diskussioun entkoppelen.

D'Impfdiskussioun ass eng Diskussioun en vue vum Hierscht, wou eist Zil muss sinn, déi eeler, déi vulnerabel Leit wierklech maximal geschützt ze hunn, fir och do erëm preventiv preparéiert ze sinn. Mir wëssen net, wat kënnt. Dat kann ech Iech och haut net soen. Vlächent kënnt et jo emol eng Kéier méi angeneem an et geschitt näischt Schlëmmes am Hierscht, mee et weess een et net a mir mussen ons drop preparéieren, well et vun den Experten hirer Säit och net ausgeschloss ass.

Dann nach just vlächent ganz kuerz e Wuert iwwert d'Loi pandémie. Dat kënnt och ëmmer erëm. Ech sinn

der Meinung, dass mer déi ganz opwänneg Evaluatiounen, déi mer wäerte maache vun dëser Kris ... Mir sinn an enger komparativer Studie derbäi vun der OECD, wou gekuckt gëtt, wéi d'Länner sech opgestallt hunn. Jiddweree war hei mat enger Situatioun konfrontéiert, wéi e se nach net hat, an ech fannen et extreem wichteg, déi Erkenntnisser ofzawaarden, déi do kommen, dass mer déi Zensur och ofwaarden a gesinn: Wat huet gutt fonctionéiert, wat net? Mir wäerten och do eng Berodung kréien.

Ech fannen et sécherlech méi sënnavoll, no der Pandemie op d'Erkenntnisser, déi net nëmme bei eis hei gemaach gi sinn, mee déi och an anere Länner gemaach gi sinn, op d'Vergläicher, déi gemaach ginn, fir dorop opzebauen an dann e Pandemiegesetz fir d'Zukunft op d'Been ze stellen. Dat schéngt mer méi sënnavoll, wéi dat elo och nach hei niewendrun derduerchzumursen, ouni dee Recul ze hunn a virun allem ouni déi Erkenntnisser ze hunn, déi mat ganz grossem Opwand am Moment gemaach ginn.

Voilà. Dat ass et vu menger Säit. Ech géif och nach gäre Merci soe fir d'Verständnis fir d'Mesuren. Wann zu Lëtzebuerg d'Leit se net géife verstoen, net géife matmaachen, da kéinte mer net an där relativ - relativ - gudder Situatioun sinn, an där mer sinn. An ech betoune „relativ“. Et ass net gutt. Mir hunn nach ëmmer vill Leit am Spidol. Et stierwen nach reegelméisseg Leit. Et géllt nach opzepassen. Trotzdem si mer verhältnisméisseg, am Verglach zu eisen Nopeschlänner an aneren europäesche Länner, bis elo erëm eng Kéier eenegermoosse gutt derduerchkomm. An ech wënsche mer näischt méi, wéi dass dat och bis zum Schluss esou wäert bleiwen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmoos der Madamm Gesondheetsministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Et ass vun der CSV-Fraktioun gefrot ginn, den Artikel 48 vum Chambersreglement geltend ze maachen an e Vote séparé ze maachen. Et gëtt gefrot, e Vote séparé iwwert den Artikel 3 ze maachen. Mir mussen dann eenzel iwwert dësen Artikel ofstëmmen.

**Vote séparé sur l'article 3 du projet de loi 7964**

Da stellen ech d'Fro: Wien ass d'accord mam Artikel 3 vum Projet de loi? Dee soll mat Jo stëmmen.

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Den Artikel 3 soll bei 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentione bäibehale ginn.

*Résultat définitif après redressement : l'article 3 du projet de loi 7964 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf (par M. Félix Eischen), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*



Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti (par Mme Nathalie Oberweis) et Nathalie Oberweis.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Dat nennt ee „gutt intuitiv“!

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamte Projet de loi. Den Text steet am Document parlementaire 7964<sup>5</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7964 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7964 ass mat 31 Jo-Stëmmen bei 28 Nee-Stëmmen uegheoll.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7964 est adopté par 31 voix pour et 29 voix contre.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf (par Mme Octavie Modert), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti (par Mme Nathalie Oberweis) et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## Motions

Da musse mer nach iwwert déi zwou Motiounen befannen, déi vun der ADR deposéiert gi sinn. Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, wou gefrot gëtt, „am Kader vun enger Quadripartite eng nei medezinnesch Tarifikatioun ze proposéieren, déi et géing erlaben, en Dokter fir e Rapport iwwer Niewewierkunge vun engem Covid-Impfstoff ze remuneréieren.“ Wëllt nach een zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Yves Cruchten.

## Motion 1

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Ech froe mech, ob elo duerfir, just fir déi dote Saach sollt séier eng Quadripartite aberuff ginn. Ech fannen dat net onbedéngt. Do sinn ech net onbedéngt der ADR hirer Meenung an ech géif och gär rappeléieren - ech hunn och elo hei mat Kollege geschwat -, dass awer am Moment en Tarif majoré existéiert, deen d'Doktere kënne kréien, wa se Rapporte maachen. Duerfir sinn ech der Meenung, mir sollten déi Motioun hei net stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. Da ginn ech d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech mengen, datt d'Quadripartite méi wichteg Dossieren nach hätt, zum Beispill fir iwwert d'mental Gesondheet an iwwert d'Prise en charge dovunner ze schwätzen, wéi iwwer eng Moosnam ze schwätzen, wou d'Dokteren u sech schonn eemol vergitt ginn, wa se impfen. Ech mengen, datt eng Impfniewewierkung ze mellen duerch den Tarif, dee se fir d'Impfung kréien, misst mat ofgegolt sinn, virun allem, well et awer eppes Rares ass, wat virkënt. An deemt-sprechend wäerte mir hei och dergéint stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci och fir d'Wuert. Mir wäerten och dergéint stëmmen, well mer dat och net agesinn. Also ech deele schonn d'Suerg, dass déi Niewewierkunge solle rapportéiert ginn, mee ech mengen awer net, dass een dofir muss eng extra Tarifikatioun maachen. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. Dann nach den Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Jo, mir stëmmen och dergéint, aus deene selwechten Argumenter wéi hei déi Virriedner virdrun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Wiseler. Da komme mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 1.

## Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmmen a 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf (par M. Paul Galles), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti (par Mme Nathalie Oberweis) et Nathalie Oberweis.

Da komme mer zur Motioun Nummer 2, wou eebe gefrot ...

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, just ganz kuerz, wann Der erlaabt! Ech hunn elo e puermol d'Fro gestallt kritt, den Här Di Bartolomeo sot et och scho virdrun: Den Text wäert haut a Kraaft trieden. De Grand-Duc weess, dass dat haut muss ënnerschrifwe ginn. De Conseil d'État weess, dass d'Dispens vum zweete Vott sollt haut kommen, soss wiere mer an der kokasser Situatioun, wann et eréischt muer a Kraaft géif trieden, dass um 23.00 Auer haut den Owend alles géif zougemaach ginn a se um Mëtternuecht nees dierften opmaachen.

(Hilarité)

Dowéinst: D'Texter sinn haut gestëmmt an haut wäerte se och a Kraaft trieden, dat heescht, de Restaurant an de Café muss net um 23.00 Auer zoumaachen, fir nees um 0.00 Auer opzemaachen. Just déi Prezisioun, well ech schonn zweemol d'Fro gestallt kritt hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Premier-minister. D'Gesetz ass gestëmmt an duerfir ass déi Prezisioun och wichteg.

## Motion 2

Mee mir mussen awer elo nach iwwert d'Motioun Nummer 2 ofstëmmen, wou eebe gefrot gëtt, fir d'Impfflicht zu Lëtzebuerg, fir dee Projet definitiv falen ze loossen. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Ech maachen et ganz kuerz, well mir hate jo eng breet Debatt hei iwwert d'Impfflicht an do konnte jo allequerten d'Parteie sech positionéieren. An ech mengen och, dass eng Majoritéit vun de Parteien den Optrag ginn huet an d'Regierung fir ze soen: „Schafft emol eppes aus an da kommt Der nach eng Kéier bei eis zrëck!“ Da gëtt et jo an de Kommissiounen diskutéiert an da kënnt et och, wann en Text do ass, hei an d'Pleniëre. Duerfir kënne mir natierlech déi Motioun hei net matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. D'Wuert geet un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Jo, mir haten deen Debat. Ech mengen, d'Parteien hu sech positionéiert. Mir hunn eis dergéint ausgeschwat. Mir wäerten duerfir och déi Motioun hei matstëmmen, woubäi ech awer mat engem Punkt an der Motioun e bëssen e kleng Couac hunn, an dat ass, datt d'Chamber mat där Motioun u sech mengt ze wëssen, wat d'Justizministesch denkt oder fillt. Dat géif ech mer elo net zu eege maachen. Mir stëmmen mat géint d'Impfflicht, awer mir gesinn dat awer scho méi nuanciéiert.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci och fir d'Wuert. Mir wäerten dat hei net matdroen, obwuel ech net fir d'Impfflicht sinn am Moment. Mee ech mengen, et kann een et einfach ni ausschléissen. Et weess een ni, wat kënnt an Zukunft. Dofir kënne mir dat hei net matdroen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An dann ass et um Här Claude Wiseler.





**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci, Här President. Mir wäerten och dergéint stëmmen, well mer enger anerer Meenung si wéi d'ADR op dësem Punkt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Wiseler. Da kéime mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 2.

#### Vote sur la motion 2

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 2 ass bei 6 Jo-Stëmmen, 52 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth (par M. Marc Lies), Jean-Paul Schaaf (par M. Paul Galles), Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusti Graas), Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti (par Mme Nathalie Oberweis) et Nathalie Oberweis.*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 22., 23. a 24. Februar virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 15.34 heures.)*

## 36<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

### Sommaire

- 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 29**  
M. Fernand Etgen, Président
- 2. Ordre du jour ..... p. 29**  
M. Fernand Etgen, Président
- 3. Hommage à la mémoire de M. Jacques F. Poos, Député honoraire .... p. 29**  
M. Fernand Etgen, Président | M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État
- 4. Déclaration gouvernementale sur la situation en Ukraine, suivie d'un débat ..... p. 29**  
Déclaration : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | M. François Bausch, Ministre de la Défense  
Débat : M. Claude Wiseler | M. Gusti Graas | M. Yves Cruchten (dépôt de la motion 1) | Mme Stéphanie Empain | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État  
Vote sur la motion 1 (adoptée)
- 5. Communications ..... p. 35**  
M. Fernand Etgen, Président
- 6. Question élargie n° 130 de M. Paul Galles au sujet du budget CO<sub>2</sub> du Luxembourg ..... p. 36**  
M. Paul Galles | Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | M. Paul Galles | Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
- 7. 7874 - Projet de loi concernant l'interopérabilité des systèmes de télépéage routier et facilitant l'échange transfrontière d'informations relatives au défaut de paiement des redevances routières dans l'Union européenne ..... p. 38**  
Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Chantal Gary  
Discussion générale : M. Serge Wilmes | M. Max Hahn | M. Carlo Weber | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics  
Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 8. 7903 - Projet de loi modifiant la loi du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire ..... p. 39**  
Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Chantal Gary

Discussion générale : M. Serge Wilmes | M. Max Hahn | M. Carlo Weber | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

#### **9. 7969 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ..... p. 41**

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Dan Kersch

Discussion générale : M. Marc Spautz | Mme Carole Hartmann | M. Charles Margue | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

#### **10. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet de la détention et rétention du foncier constructible ..... p. 42**

Exposé : Mme Nathalie Oberweis (dépôt des motions 1, 2, 3 et 4)

Débat : M. Marc Lies (intervention de M. François Benoy) (dépôt de la motion 5) | M. Max Hahn | M. Yves Cruchten | Mme Semiray Ahmedova (interventions de Mme Nathalie Oberweis et M. Fernand Kartheiser) | M. Marc Goergen (intervention de M. Dan Kersch)

Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre du Logement (interventions de M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance, et M. Marc Lies) | Mme Nathalie Oberweis (parole après ministre) | M. le Ministre Henri Kox

Motion 1 : Mme Semiray Ahmedova | Mme Nathalie Oberweis

Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission (adoptée)

Motion 2 : Mme Semiray Ahmedova | Mme Nathalie Oberweis

Vote sur le renvoi de la motion 2 en commission (adoptée)

Motion 3 : Mme Semiray Ahmedova | Mme Nathalie Oberweis

Vote sur le renvoi de la motion 3 en commission (adoptée)

Motion 4 : Mme Semiray Ahmedova | Mme Nathalie Oberweis

Vote sur le renvoi de la motion 4 en commission (adoptée)

Motion 5 : Mme Semiray Ahmedova | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Lies | M. Henri Kox, Ministre du Logement | M. Marc Lies

Vote sur la motion 5 (rejetée)

#### **11. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la situation du secteur de l'Horeca après 2 ans de pandémie ..... p. 52**

Exposé : M. Félix Eischen (dépôt des motions 1 et 2)



Débat : Mme Carole Hartmann | Mme Tess Burton | Mme Semiray Ahmedova | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen (interventions de M. Gilles Roth) (dépôt de la motion 3)

Prises de position du Gouvernement : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes (intervention de M. Dan Kersch)

Motion 1 : Mme Carole Hartmann | M. Marc Goergen | M. Jeff Engelen | M. Gilles Roth | M. Laurent Mosar | M. Gilles Roth | M. Dan Kersch

Vote sur la motion 1 (rejetée)

Motion 2 : Mme Carole Hartmann

Vote sur la motion 2 (rejetée)

Motion 3 : Mme Carole Hartmann | M. Marc Goergen

Vote sur la motion 3 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Jean Asselborn, Mme Carole Dieschbourg, M. Lex Delles, M. Henri Kox, M. Claude Haagen et M. Georges Engel, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

## 2. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, esou wéi d'Präsidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat deem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 3. Hommage à la mémoire de M. Jacques F. Poos, Député honoraire

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kollegen, léif Famill vum Här Jacques Poos. De leschte Samschden huet eise fréiere Kolleg, den Eierendeputéierte Jacques Poos, eis am Alter vu 86 Joer verlooss.

Den LSAP-Politiker ass eis nach all a beschter Erënnung. Hien hat ee laangen an interessante politesche Parcours: 7 Joer Deputéierten, 18 Joer Minister a 5 Joer Europadeputéierten. No sengem Doktorat an de Wirtschaftswissenschaften op der Universitéit zu Lausanne huet de Jacques Poos am Wirtschaftsministère an am Statec geschafft, war dunno Direkter vun der Imprimerie Coopérative an dem „Tageblatt“.

Seng politesch Karriär huet 1969 ugefaangen, wéi hien an den Escher Gemengerot gewielt ginn ass.

1974 gouf hien eng éischte Kéier Deputéierten a Fraktionschef vun der LSAP an der Chamber. Hie war och President vun der Finanz- a Budgetskommissioun a Vizepräsident vun der aussepolitischen Kommissioun.

Seng Passioun fir d'Wirtschaft, mee virun allem fir d'Aussen- an Europapolitik huet säi politesche Wee vun do u geprägt. Nach virum Enn vu sengem Mandat an der Chamber ass de Jacques Poos 1976 eng éischte Kéier an d'Regierung komm als Finanz- a Wirtschaftsminister ënnert dem Staatsminister Gaston Thorn. An där Funktioun huet hien de Lëtzebuerger Modell fir d'Gestioun vun der Stolkris mat entworf.

Vun 1979 bis 1984 war den LSAP-Politiker erëm Deputéierten, woubäi seng Schwéierpunkte weider bei der Aussepolitik, der Wirtschaft an de Finanzen louchen.

Ënnert dem Staatsminister Jacques Santer gouf de Jacques Poos 1984 Vizepremier an Ausseminister, e Posten, op deem hie bis 1999 war. An där Zäit huet hien ënner anerem déi Europäesch Traitée, den Acte unique, den Traité vu Maastricht an den Traité vun Amsterdam mat verhandelt.

No 15 Joer, ouni Ënnerbriechung an der Regierung, huet et de Jacques Poos an d'EU-Parlament op Stroosbuerg gezunn, wou hie seng jorelang Erfahrung konnt abréngen. Hie gouf Quästor vum Europaparlament a Rapportier fir de Bättréit vun Zypern an déi Europäesch Unioun.

Ganz wichteg fir hie war och d'Verbesserung vun de Relatiounen tëscht Europa an de Länner aus dem Mëttelmeerraum, gradesou wéi de Friddensprozess am Noen Osten.

2004 huet de Jacques Poos sech definitiv aus der Politik zrëckgezunn.

„Eng markant Figur“, „e grouse Politiker“, „en iwwerzeegten Europäer“: Dat si just e puer vun de ville Reaktiounen vu Politiker nom Doud vum Jacques Poos. Als „Häuptling“ huet mäi Virgänger als Chamberspresident Mars Di Bartolomeo hie bezechent.

Kompetent, engagéiert, charismatesch a sympathesch hannerléisst den eleganten Här mat deene groen Hoer an dem frëndleche Laache vill Spueren. Hien huet Lëtzebuerg a seng Aussepolitik an de 70er, 80er an 90er Jore geprägt. Duerch seng vill Aktivitéiten am Finanzsektor hat hien och do eng wichteg Roll.

Perséinlech bleift mir och den Tandem Jacques Santer/Jacques Poos, déi sougenannte „Frères Jacques“, an Erënnung.

De Jacques Poos huet vill Leit markéiert an inspiréiert, war ee Virbild: duerch seng Aart a Weis, duerch säi Wëssen a säi Fläiss, mee och duerch seng Rou. Mam Jacques Poos konnt ee politesch streiden - mat Argumenter! Hien huet léiwer argumentéiert wéi gepriedegt oder vun uewen erof diktéiert. Hien huet probéiert, de Leit hir Suergen a Besoinen ze verstoen an hinnen Äntwerten op hir Froen ze ginn.

Hien hat och eng gutt Fieder an huet a senger Zäit als Direkter a Chefredakter vum „Tageblatt“ mat Freed Leitartikelen geschriwwen.

Egal wéi e Posten de Jacques Poos hat, hien huet ëmmer mat Begeeschterung geschafft. Privat war de Jacques Poos e Familjemensch an en interessante Gesprächspartner.

Mir drécken him haut eisen déiwe Respekt aus. Merci, Jacques Poos!

Der Famill vum Verstuerwene gëllt eist opriichteg Bäileed. Mir wäerten de Jacques Poos a beschter Erënnung behalen.

Ech bieden Iech opzestoen, fir dem Jacques Poos eng lescht Eier ze erweisen.

(Respect d'une minute de silence)

Ech soen Iech Merci.

Ech géif dann d'Wuert un de Premier- a Staatsminister Xavier Bettel ginn.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, erlaabt mer, hei als Regierungschef

dem Jacques Poos och an onsem Numm Merci ze soen. De Jacques Poos war vun 1976 bis 1979 Finanzminister. D'Stolkris war eng schwéier Zäit, wou de Jacques Poos d'Geschécker vun der Regierung matgeleet huet, fir do ze kucken, wéi Lëtzebuerg muer kéint ausgesinn. D'SNCI datéiert och aus där Zäit.

De Jacques Poos war en iwwerzeegten Europäer, an dat huet en duerno, vun 1984 bis 1999, während 15 Joer och als Ausseminister bewisen.

Déi, déi de Jacques Poos kannt hunn: Et war eng Persoun, déi roueg war. Hie wousst, wat e wollt. Hie wousst, wat e géif soen. En hat - Dir huet et gesot, Här President - déi spat Fieder. E war à l'écoute, mee et war ëmmer flott, kënne mam Jacques ze echangeieren. En hat ganz vill Posten an der Regierung niewendrun. Ech ginn elo net am Detail drop an, mee säi leschte politesche Poste war dee vum Europaparlament. Do, wou och déi europäesch Oder geschloen huet.

Ech muss Iech soen, Här President, ech erënnere mech u ganz flott Stonnen um Square Emile Mayrisch - bei Dir, Monique, bei Dir, Yasmine, bei Dir, Xavier an Daniel. Et war ëmmer flott, bei Iech ze sinn. Et waren ëmmer flott Stonnen, déi mer zesumme verbruecht hunn. An déi Momenter hu mech als jonke Mensch markéiert. An ech wäert dat net vergiessen. An ech géif Iech bieden, alle véier, eist déifst Matgefill unzuhuelen an och ze wëssen, wéi vill Respekt mir alleguer virum Jacques hunn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Premier- a Staatsminister.

## 4. Déclaration gouvernementale sur la situation en Ukraine, suivie d'un débat

E Mann wéi de Jacques Poos, dee sech jorzéngtelaang fir de Fridden an Europa agesat huet, wär sécherlech, wéi mir et alleguer sinn, déif schockéiert iwwert déi aktuell Situatioun an der Ukrain a géif déi russesch Invasioun och schaarf verurteilen!

Well d'Situatioun kritesch ass, mécht d'Regierung elo eng Deklaratioun iwwert d'Situatioun an der Ukrain. Uschlëssend féiert d'Chamber eng Debatt, bei där all Fraktioun a Sensibilitéit fënnel Minutten zegutt hunn.

Ech géif dann d'Wuert un de Premier- a Staatsminister Xavier Bettel ginn.

### Déclaration

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här Chamberspräsident, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech soen et ganz däitlech: Ech bedauern, haut virun Iech ze stoen! Ech bedauern et, well wann ech haut virun Iech stinn, bedeit et, dass déi europäesch an déi international Beméiungen, en diplomateschen Auswee aus dëser Kris ze fannen, gescheitert sinn. Et bedeit, dass Russland de Wee vun de Waffe gaangen ass. Et bedeit, dass d'Stabilitéit an d'Sécherheet an Europa a Gefor sinn. Et bedeit, dass eng





vun onse gréissten Ängschten elo och zur Realitéit ginn ass: Deeler vun onsem europäesche Kontinent liewen a Krichszäiten.

Déi militäresch Aggressioun vu Russland géint d'Ukrain sinn ouni Präcedenten op onsem europäesche Kontinent zanter dem Enn vum Zweete Weltkrich. D'Regierung verurteilt dës militäresch Aggressioun vu Russland op d'Ukrain staark, genauso wéi mer och d'Entscheidung vun de Méindeg scho verurteilt hunn, den Accord de Minsk unilateralement opzekënnegen, andeems d'Souveraineté territoriale vun der Ukrain a Fro gestallt gouf.

Wann ech et haut bedauern, virun Iech ze stoen, Här President, da besonnesch, well déi Situatioun nees, wéi ze oft, dat selwecht bedeit. Dat bedeit, dass eng Zivillbevölkerung op alle Fronten ass. Bierger wéi Dir a wéi mir, déi den héije Präis vun engem militäreschen Asaz bezuele mussen. Dat sinn onschëlleg Familjen, dat si Kanner, dat sinn ze vill Mënschen!

D'Regierung schafft dofir och am Moment op allen Niveaue mat onsen europäeschen an internationale Partner zesummen, fir déi beschtméiglech Léisunge fir d'Mënschen an der Ukrain, an Europa, zu Lëtzebuerg ze fannen.

Op internationalem Niveau sinn déi lescht Deeg a Stonnen intensiv Gespréicher op NATO-Niveau gefouert ginn an den Defenseminister wäert eis och kënne op dësem Punkt iwwert dee leschte Stand informéieren.

Déi nächst Deeg wäert och en NATO-Sommet stattfannen, fir eis Positiounen als Partner an Alliéiert op internationalem Niveau och ze koordinéieren.

Och op europäeschem Niveau hu mir ganz séier reagiert, andeems gëschter en éischte Pak vu Sanktiounen ugeholl gouf, deen och dräi Aspekter virgesäit:

Éischstens, gezielt individuell restriktiv Moossname géint russesch Individuen an Entitéiten, déi och an dës militäresch Aggressioun implizéiert sinn. Visa-Verbuert, Verméigen afrieren, zum Beispill.

Zweetens, restriktiv Moossnamen am Finanzsektor, fir den Zougang vu Russland op d'EU-Kapital an d'Finanzmärkt weider ze beschranken. Konkreet wäert et och verbuede sinn, Finanzinstrumenter, déi vu Russland a vu senger Regierung oder vu senger Zentralbank erausgi ginn, ze kafen.

An drëttens, den Import och an d'EU vu Wueren, déi aus deene separatistesche Géigende kommen, vun Donezk a Luhansk, déi eeben och net vun der ukrainescher Regierung kontrolléiert ginn, wäert och verbuede ginn.

Dat ass nëmmen deen éischte Package, deen d'EU decidéiert huet. An d'EU ass prett, fir weider Sanktiounen ze huelen. Den Här Asselborn wäert do och méi am Detail kënne drop agoen.

Haut den Owend sinn d'EU-, Staats- a Regierungschefen zu Bréissel zesummen, fir eis gemeinsam europäesch Äntwert och ze koordinéieren. D'EU verurteilt déi russesch Militär aggressioun op dat Schäerfst, a mir ruffen de President Wladimir Putin derzou op, direkt domadder opzehalen.

Et wäert och wichteg sinn, als EU ze definéieren, wéi mir an Zukunft mat Russland ëmgoe wäerten. Mir wäerten och doriwwer beroden, wéi mir d'Ukrain a seng Bierger weider ënnerstëtze kënne. Um 15.30 Auer hunn ech och e Gespréich mam ukraineschen President, wat geplangt ass, an deem ech och dës Punkt wäert bei him ënnersträichen.

Här Chamberspresident, et ass eis éischt Prioritéit, en direkte Waffestëllstand um Terrain ze errechen an all

néideg Mesuren ze huelen, fir d'Zivillbevölkerung ze schützen an hir och ze hëllefen.

Mir Lëtzebuurger wëssen allze gutt, wéi et ass, wann e groussst Nopeschland sech op d'Recht vum Stärkere berufft an d'Recht op d'Onofhängegkeet a Fro stellt. Dofir kënne mir als Land just eng Positioun an dëser Kris anhuelen: Mir kënnen d'Aggressioun vu Russland net onkommentéiert hinhuelen. Mir kënnen net nokucken, wéi onschëlleg Mënsche wéinst militäreschen Attacke leide mussen. Dat ukrainescht Vollek muss a soll a kann dofir op ons Solidaritéit zielen!

Ech hunn d'Regierung de Moien och fir en ausserordentleche Regierungsrot zesummegeruff. Mir hunn an deem Kontext och iwwert d'Energieversuergung vun de Lëtzebuurger Bierger a Betriber geschwat. Mir befannen ons an enger aussergewöhnlecher Situatioun, déi vill Onsécherheet mat sech bréngt.

Mir sinn ons als Regierung och eens, dass mir d'Land an d'Leit och virun enger geopolitischer Energiedieerecht schützen mussen. Dofir hu mir decidéiert, dass mer den nächste Méindchen och en Energiedesch mat de Lëtzebuurger Energiefournisseure wëllen aberufen, fir mat hinnen eeben effikass op déi verschidden Zenarioe virbereet ze sinn a fir déi verschiddene Léisungen och kënne effikass a rapid ëmzesetzen.

Gläichzäiteg, Här President, schafft d'Regierung weider u konkrete Mesuren, fir deene Stéit ënnert d'Äerm ze gräifen, déi och am meeschte mat der aktueller Präisdieerecht ze kämpfen hunn.

Muer de Moien um 10.00 kënnt de Regierungsrot erëm beieene. Da wäerte mir eis och mat aneren Aspekter vun dëser Kris beschäftegen - zum Beispill, wat den humanitäre Volet ugeet, deen esou eng Kris noutgedrungen ëmmer mat sech bréngt.

Ech si mer bewusst, Här Chamberspresident, dass ganz vill Froen haut am Raum stinn. Mir sinn eis och bewusst, dass ganz viles ongewëss ass, mee eent ass sécher - haut, muer an och nach an honnert Joer! -: Dat Eenzege, wat d'Waffen erhiwe jeemools bréngt, ass ausserordentlecht an onnëtz ménschlecht Leed!

Dofir, wa mir haut hei sti virun dësem héijen Haus, dann ass et, Här President, fir Solidaritéit: Solidaritéit mat der Ukrain, Solidaritéit mam ukrainesche Vollek.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools dem Premier- a Staatsminister Xavier Bettel. Ech ginn dann d'Wuert un den Här Ausseminister Jean Asselborn. Här Asselborn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes |** Merci, Här President. De 24. Februar 2022 ass fir d'Ukrain a fir d'Mënschen an der Ukrain dat, wat den 10. Mee 1940 fir eis war: Eng Schan fir Russland, wéi et eng Schan war deemools fir Däitschland, den 10. Mee 1940! En Ugrëff op de Weltfridden, ausgeléist vun engem Politiker, deen - an ech ka mech u viles erënneren - vum Reformer, vum Demokrat aus dem Ufank vun den 2000er-Joren, ëmmer méi an ëmmer méi zu engem Autokrat ginn ass, an elo zu engem onkontrolléierte Krichsdreier.

Et huet keen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Russland ugegraff! Weeder d'NATO nach d'Ukrain, weeder Amerika nach d'Europäesch Unioun. Mir all, mir wollten hirem President, hirem Ausseminister net nëmmen nolauschten, mir hunn hinnen ugebueden, mat hinnen ze verhandelen iwwer hir Siichte vun der Sécherheetsarchitektur an Europa. Dës Offer ass radikal vu gëschter un ofgewise gi vum President Putin. A seng Äntwert ass Krich!

D'NATO kann een a soll een natierlech kritiséieren. Mee et ass archi-, archifalsch, der NATO an d'Schung ze schëdden, dass si dës Krich provoziert hätt! Et huet nach ni een NATO-Zaldot e Fouss a Russland gesat. An d'NATO war bereet, iwwer Ofüstung, iwwert den NATO-Russland-Rot ze schwätzen an och ze verhandelen.

Och d'Europäesch Unioun muss een natierlech ëmmer kënne kritiséieren. Mir sinn an enger Demokratie. Mee et ass farfelu ze behaapten, d'Europäesch Unioun géif vun antirussesche Marionetten dirigéiert ginn an d'Ukrain géif teleguidéiert ginn, manipuliert gi vun esou Leit!

D'EU, bei alle Feeler, déi mer hunn, ass weltwäit ugesinn als e Fridensprojet mat Wäerter, déi et a Russland net méi gëtt, wéi fräi Meinungsbildung, fräi Medien, onofhängeg Gerichter, Respekt vun de Minoritéiten, Trennung vun de Gewalten! Mee dat gëtt et an Europa!

D'Mauer ass 1989 gefall - d'Welt brauch keng Influenzzone méi. Demokratie si keng Gefore fir hir Noperen. Och net fir Noperen, déi keng Demokratie sinn. Si weise just op d'Wäerter, op d'Mënscherechter, op d'perséinlech Fräiheeten hin, déi eeben der Demokratie eege sinn. Dat sinn ni Krichserklärungen! Mee se stéieren déi, déi all dës ënnerdrécken, fir ongehënnert, ongenéiert un der Muecht ze bleiwen.

Zënter dem Schlussakt vun Helsinki, Här President, gëtt et keng Aschränkung méi, dass e Land seng Allianzen, seng Souveränitéit, seng Aussepoliticken esou wile kann, wéi et dat wëllt. An der Demokratie huet keen d'Recht, engem Land ze soen, dass et neutral soll sinn, also a kenger multilateraler Organisatioun soll sinn. Stelle mer eis eng Sekonn vir hei als Lëtzebuurger, dat wier vun eis verlaangt ginn, nom Krich oder och haut! Et gëtt Länner, déi duerch geschichtlech Entwécklung Neutralitéit, zum Beispill a Saachen Defense, gewielt hunn. Mee och par ordre vun engem anere Land, och net vu Russland, kann dach kee Land zum verteidigungspoliteschen Eunuch deklaréiert ginn!

De President Putin ass um Wierk, fir, wéi en dat selwer seet, d'Ukrain „ze demilitariséieren“. Dat kléngt, besonnesch vun engem Land, wat jo an der Welt mat dat gréisste Potenzial vu Militär huet ... Datt sech eent vun den héchstmilitariséierte Länner, wéi ech gesot hunn, dat leescht, dass ass scho komesch.

An, dat Zweet, „ze denazifizéieren“. De facto wëllt de President Putin aus senger Bulle eraus eng Lex Russia imposéieren an der Ukrain, a Wäissrussland a muer vläicht iwwerall do, wou russesch geschwat gëtt. Attention!

Verréckt! Mee et muss een dem Risiko an d'A kucken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Moment ass et um Terrain an der Ukrain schweier, den Duerchbléck ze hunn. Allerdéngs, déi éischt Doudeg gi gezielt - Militär wéi Zivill. Déi Optioun, déi am meeschten an de Krom vun President Putin schéngt ze passen, ass, bis op Mariupol ze goen, op Odessa, de Lien ze maache mat Transnistrien. Dat ass déi Optioun, déi gefaart gëtt, déi och vu Spezialiste gefaart gëtt - déi natierlech do vläicht méi wësse wéi mir. Mee dat ass eng Optioun, déi wäert immens wéi dinn, wann dat zustane kënnt!

Här President, de Premierminister huet et gesot: Mir schaffen haut un engem zweete Paquet vu Sanktiounen. Déi Sanktiounen wäerten immens wéi dinn, mee déi hënneren natierlech elo net, d'Leit an der Ukrain dës Moment ze schützen. Dat si Sanktiounen am Secteur financier, Energie, Transport, Exportkontroll an esou weider.



D'Kommissioun ass amgaang, drun ze schaffen. Vlächcht läit déi Lëscht den Owend scho virum Conseil européen vir, oder se gëtt muer definitiv da gebündelt, wann d'Ausseministeren um 3.00 Auer zesummekommen.

Här President, ech wëll mat engem Saz ofschléissen, wat eis Verantwortung als Europäer an als Demokrate betrëfft. De Moment ass de Putin mat dëser rücksichtsloser Militäroperatioun am Advantage. Mee ganz séier wäert de Wand dréinen! An de Saz vum Frank-Walter Steinmeier, dee jo seet, dass een d'Demokratie net dierf ënnerschätzen, och den Här Putin net, wäert Realitéit ginn. Dat geléngt eis an der Europäescher Unioun virun allem dann, wa mer géeeent sinn, wa mer determinéiert sinn, eis Fräiheet op déi nämmelecht Linn ze stelle wéi d'Fräiheet vun den Ukrainer. Fir d'Fräiheet vun den Ukrainer ze kämpfen, heescht och, fir eis Fräiheet ze kämpfen.

Här President, als allerlescht Wuert wëll ech soen, dass de Moment natierlech immens vill Leit op de Grenze wëllen aus der Ukrain eraus - och vill Leit, déi hei zu Lëtzebuerg Famill hunn -, sief et a Rumänien, sief et a Polen, sief et an der Slowakei, sief et a Moldawien. Et si kilometer-, kilometerlaang Stauen. Et gëtt Leit, déi de Moie vu Kiew wollt fortkommen - et gëtt der och, déi mat mer geschwat hunn - an déi dräi, véier Kilometer komm sinn an erëm hu missen zrëckgoen.

Mir kucken als Europäesch Unioun mat deene Länner - natierlech déi, déi Member si vun der Europäescher Unioun; Moldawien ass dat jo net -, fir Couloiren ze kréien. Et sinn och Lëtzebuerger an der Ukrain; mir schätzen d'Zuel, déi net ze fixéieren ass, tëscht 20 an 30. Mir wëssen, dass se an der Ukrain domiciliéiert sinn, mee ob se elo an der Ukrain sinn, dat ass net erauszefannen. Mee hei ass wierklech eppes amgaangen, wou mer och mussen als Immigratioun kucken, dass mer fir déi Leit do, also d'Famill vun deenen, déi wëlle kommen, dann och e Statut hikeréien, fir, op jidde Fall elo an enger éischter Phase - mir weise keen of! -, kënnen op Lëtzebuerg ze kommen, sou wéi och vill aner an aner europäesch Länner ginn.

Dee Misär, dass d'Leit fort mussen - et gëtt jo geschat, dass eventuell zwou bis dräi Milliounen Leit aus der Ukrain kéinte flüchten! -, ass natierlech och eppes, wat mir musse matdroen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Ausseminister Jean Asselborn. D'Wuert huet elo den Här Vizepremier a Verdeedegungsminister François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Bausch**, Ministre de la Défense | Merci, Här President, fir d'Wuert. An och merci vu mir fir d'Disponibilitéit vun der Chamber, dass mer de Mëtteg déi Deklaratioun zesummen hei kënne maachen.

Här President, Dir Dammen an Härén Deputéiert, Russland huet de Moien eng grouss ugeluechte militäresch Offensiv op d'Ukrain gestart. Déi Situatioun an der Ukrain evoluéiert vu Stonn zu Stonn a mir mussen dervun ausgoen, dass et, wéi et och schonn d'lescht Woch op der NATO an och vun den Amerikaner virausgesot gi war, zu enger Tentative kënnt, fir bis an d'ukrainesch Hauptstadt Kiew ze goen, fir déi anzehuelen a fir déi aktuell Regierung ofzesetzen an eng méi Moskau-getrei - ech nennen et emol esou - „Marionetteregierung“ anzesetzen.

Nieft der militärescher Operatioun musse mer natierlech och domadder rechnen, dass et zu gréissere Purgé vun Ziviliste kënnt, déi als Russland-feindlech

ugesi ginn. Wann een déi Terminologie kuckt, déi hei benotzt gëtt vun „Endnazifizierung“, dat ass scho wierklech dramatesch.

Wann een esou Wieder héiert, da weess een, op wat et do eraus wäert lafen an där nächster Zäit. Wann een dann och nach weess, dass an deem Land haut scho vill geflüchtet wäissrussesch Oppositioneller sinn an awer och nach vill aner ukrainesch Matbierger, déi a Gefor sinn, da muss ee sech wierklech vill Suerge maachen iwwert d'Zukunft vun deene Leit, well mir kennen entre-temps déi Traditioun, wéi se och scho virdru vum Ausseminister beschriwwen ginn ass, déi leider zur Traditioun ginn ass, wéi mat esou Leit verfuert gëtt. Déi ginn ëmbruecht ouni Gericht. Déi ginn deportéiert a Lageren. Déi ginn agespaart a se gi gefoltert.

Dat heescht, et geet hei drëms, och eeben ze ënnersträichen - niewent dem Fait, dass et inakzeptabel ass nom internationale Recht, dass ee militäresch eng Aggressioun mécht géint e Land -, wat fir eng Methoden hei ugewannt ginn a wat de Risiko ass fir verschidde Leit, déi an deem Land liewen.

Ech hat déi lescht Woch NATO-Conseil. Duerfir huet mech dee Schratt hei, duerch Debriefingen, déi mer do kritt hunn, eigentlech net méi iwwerrascht, well mer do scho relativ dättelech bewise kritt hunn, dass dat doten usteet. Natierlech war op deem NATO-Conseil nach d'Hoffnung, dass déi lescht Initiativen, déi gestart gi sinn, fir en diplomatesche Wee ze fannen, awer nach kéinte gräfen. Mee leider huet dee pessimisteschen Zenario, dee mer d'lescht Woch all beschriwwen kritt hunn, sech bewahrheitet.

An ech muss awer och hei emol eppes ënnersträichen, mengen ech, och als Signal no baussen, un déijéineg, déi mengen, dass, wéi de Jean Asselborn gesot huet, d'Demokratie net géif wannen. Ech sinn elo dräi an en halleft Joer an deem NATO-Defense-Conseil an ech hunn nach ni an deenen dräi an en halleft Joer esou eng Eenegkeet erlieft wéi op där leschter Sëtzung - vun den Discourse bis zu deem, wat déi eenzel Memberstaaten do gesot hunn! Déi sinn zesummegegeschweest wéi nach ni virdrun, fir eeben déi Wäerter ze verteidigen, déi eis wichteg sinn. An dat wëll ech och heimadder ënnersträichen.

Déi russesch Invasioun ass eng zolidd Menace fir d'euroatlantesch Sécherheet an d'NATO. Dat muss een einfach esou soen, wéi et ass, och wa mer de Moment net direkt an dee Konflikt involvéiert sinn. D'Ukrain ass keen NATO-Memberstaat, mee si grenzt un eng ganz Rei NATO-Memberlänner. Wann ech dann nach dobäi weess, dass Wäissrussland, also Belarus, och besat ass vu russeschen Truppen an do och nach vill Grenzgebitt ass mat NATO-Staaten, da muss ee sech einfach verdäitlechen, dass dat schonn e gewëssene Sécherheetsrisiko mat sech bréngt fir d'NATO-Länner, fir d'Europäesch Unioun, virun allem, wann ee mat de Verdeedegungsministere vun deene Länner schwätzt.

Ech hu perséinlech ganz gudd Kontakt mat deenen aus de baltische Länner. Mat där Geschicht, déi déi erlieft hu par rapport zu dem groussen Noper Russland, sinn déi richteg an der Angscht an déi maache sech grouss Suergen iwwert dat, wat do geschitt. An duerfir ass et och esou wichteg, dass, par rapport zu deene Länner, déi Member sinn an der NATO an an der Europäescher Unioun, elo déi ganz Gemeinschaft beweist, dass Solidaritéit net nëmmen e Wuert ass, mee dass mer kloer, séier handeln, fir deene gewësse Sécherheetsgarantië ze ginn.

Dat bedeit an éischter Linn natierlech, dass e Renforcement geschitt vun der defensiver Posture vun der NATO, dass also méi Truppen an eng héich

Alarmbereitschaft kommen an och dohinner placéiert ginn, an déi Länner, fir d'Grenzen ofzesécheren.

Ech hunn an der Mëttesstonn elo och d'urgence déi zoustänneg Chamberskommissioun en huis clos zesummeruffe gelooss an d'Deputéiert kruten do och méi Detailler. An ech wëll virun allem och der Chamber e grouse Merci soen, dass mer à l'unanimité decidéiert hunn, dass guttzeheeschen, wat ech den Deputéierten do proposéiert hunn. Ech mengen, dass ass wichteg de Moment, dass mer eng géeeente Positioun anhuelen an där Situatioun, an där mer sinn an dass mer deene Länner kënne soen, déi elo do a Gefor sinn, deenen hir Grenzen a Gefor sinn, dass mer do elo zesumme sinn.

Stellt Iech nëmmen eng Sekonn vir, dass wär no un eiser Grenz, wéi mer domadder géifen ëmgoen, wéi mer domadder géife liewen. An et gëtt elo eng Rei Länner, och zum Beispill déi baltesch Länner, wat kleng Länner sinn, déi duerchweegs mat eis vergläichbar sinn, da kënnt Der Iech virstellen, wéi et deenen am Moment geet.

Déi geplangten NATO-Mesurë si preventiv, éischstens, déi si proportionell a se sinn net eskalatoresch ugeluecht. Dat heescht, et geet net drëms ze provozéieren, mee et geet awer kloer drëms ze soen: „Déi Grenzen hei, déi si protegéiert. Hei ass eng rout Linn an et ass ganz kloer, iwwert déi dierf een net, déi dierf op kee Fall iwwerschratt ginn.“ An duerfir ass et wichteg, dass déi preventiv Posture do opgebaut gëtt an deene Länner, wou mir och dru bedeelegt sinn als Lëtzebuerger.

Mir hunn de Moment véier Zaldoten a Litauen stationéiert. Déi sinn an engem Exercice do gewiescht an déi wäerten och do bleiwen. Mir kucken elo, wat déi nächst Deeg a Stonnen erginn, ob mer der e puer méi musse schécken, mee dat stellt sech nach eréischt eraus. Mee wichteg ass et, wéi gesot, dass mer kloer weisen, dass mer hei eng Linn zéien, bei där op kee Fall wäert akzeptéiert ginn, dass déi iwwerschratt gëtt, an dass mer wëlle garantéieren, dass d'Sécherheet vun deene Länner geséichert bleift.

Mir sinn an enger schwéierer Kris an et muss een et beschreiwen, wéi et ass, mee et soll een awer och net ze vill alarmistesche sinn. Et gëtt de Moment keng Elementer, déi géife bewiesen oder beleeden - déi hu mer och net d'lescht Woch kritt um NATO-Conseil - dass Russland och nach géif NATO-Territoire zum Beispill wëllen attackéieren. Et gëtt do de Moment keng Elementer duerfir. Duerfir soll een dat och soen. Ech mengen, et ass och wichteg, dass mer eis eege Bevëlkerung berouegen an net Saachen an d'Wand molen, déi de Moment net utännen. Mee et ass awer grad esou kloer, dass mer eis Suerge maache fir eis Grenze vun der Europäescher Unioun, an duerfir musse mer déi Schrëtt do maachen. An duerfir, wéi gesot, sinn ech och frou, dass dat hei am Parlament eng Unanimitéit féint. Ech mengen, dass gëtt och eis als Regierung déi néideg Stärkt, fir weider kënnen an déi Richtung ze agéieren. An ech hunn der Chamber souwiesou versprochen, dass ech, jee nodeem wéi d'Evolutioun ass, reegelméisseg bereet sinn, an d'Kommissioun ze goen, fir iwwer weider Saache mat hinnen ze diskutéieren.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här François Bausch.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci, Här President. Ech wëll ufänken, andeem ech der Regierung Merci soe



fir hir Deklaratioun. Ech mengen, et war wichteg, déi haut an dësem Moment ze maachen.

Dat hei ass nämlech net nëmmen eng skrupellos Attack op d'Ukrain, net nëmmen déi schëllemste Krichshandlung an Europa, déi mer zënter dem Zweete Weltkrich kannt hunn. Dat hei ass och net nëmmen en absolutte Broch vum internationale Recht, vum der territorialer Integritéit vun engem Land. Dat hei ass och eng Attack op d'Demokratie, op de Wëlle vun engem Vollek, a Fräiheet an a Sécherheet ze liewen, eng Attack op de liberale System.

Gëschter op engem EVP-Sommet, deen am Video-stream stattfont huet, huet de Vitali Klitschko, de Buergermeeschter vu Kiew, gesot, datt d'Zil vu Russland net nëmmen d'Ukrain wär, mee och d'Stabilitéit an Europa. A genau esou soll een et gesinn. Et kann een net nokucken. Et kann een net maachen, wéi wann näischt wier. Mat dëser onprovocerter a mat näischt ze justifizierender Attack stellt den Här Putin alles a Fro, wat eis erlaabt huet, an deene leschte 75 Joer hei an Europa am Fridde ze liewen. E bréngt Leed an e Land, Misär bei Leit an e mënschlecht Drama. An hei kann een net nokucken.

Mir stinn - an ech soen dat ganz kloer - hannert der Regierung, hannert der EU an hannert der NATO. Mir droen déi Sanktiounen mat, déi gëschter ausgeschwat gi sinn. Mir droe se voll mat a mir waarden drop, datt nach weider massiv Sanktiounen an den nächste Stonne sollen decidéiert ginn.

Et huet hei kee Wäert, op Detailer dovunner anzegoen. Ech soe just, datt ech wënschen, datt déi effikass vun deene Moossnamen do decidéiert ginn. Mir wëssen och, datt dat fir eis als Europäer an och als Lëtzebuurger Konsequenze wäert hunn. E Krich an Europa huet Konsequenze fir jiddweree vun eis, och fir déi Länner, déi net direkt vum Krich concernéiert sinn. Däers si mer eis haut bewusst an ech hoffen, datt mer eis däers alleguer huet mat wäerte bewusst sinn, datt dat Konsequenze fir eis huet an datt mer déi mussen, wa mer Sanktiounen aussprieche, och akzeptéieren.

Mee haut geet et drëm, solidaresch ze sinn, solidaresch mat der Ukrain, solidaresch an och géeeent als Europäer, solidaresch an och géeeent mat eise Partner: dem UK, den USA, dem Kanada, Japan, Australien an esou weider, déi all op engem änleche Wee sinn an änlech Decisiounen huele wéi mir als Europäer. Dat hu mer d'ailleurs och an deene leschte Wochen op eng exceptionnel Aart a Weis fäerdegbruecht an dat muss och esou weidergoen.

Den diplomatesche Wee ass gescheitert. Mir werfen dat kengem vir a mir werfe kengem vir, et probéiert ze hunn, en diplomatesche Wee ze goen. Et kéint een iwwert d'Aart a Weis schwätzen, mee dat huet haut, mengen ech, absolutt kee Sënn méi.

Mir stelle fest, datt den Här Putin säit Wochen a Méint déi demokratesch Staats- a Regierungschef kalbliddeg virgefuert huet mat Zynismus, mat Arroganz a Ligen a se heiansdo wéi Marionette behandelt huet.

Wann d'Diplomatie op enger Säit net méi gewollt ass, da kënn een och mat Diplomatie net weider. Wann Dialog just mat Ligen a Langue de bois beäntwert gëtt, da mécht e kee Sënn méi, an do si mer leider, leider ukomm.

Wéi kann een nach esou engem Mann an esou engem Regimm trauen, och an Zukunft? An dat ass en Element, wat och leider e feste Bestanddeel vun der europäescher Aussepolitik muss ginn an där nächster Zäit. Wichteg fir eis ass, datt mer d'Alliance mat eise Partner fest bäibehalen - mat den europäesche Partner, mat den NATO-Partner, eis transatlantesch

Allianz, déi méi wéi jee wichteg ass, och Allianze mat aneren Demokratien, déi mer mussen stäerken - an eis Aktiounen koordinéieren, fir eis Zukunft gemeinsam ze gestalten.

Elo gesäit een, wou ee seng Alliéiert a wou ee seng Frënn huet, a wou ee kann an dësem Moment trauen. Mir mussen eis och Gedanke maachen iwwert d'europäesch Energieversuergung, déi nei muss geduecht ginn. Dat ass eng Evidenz fir jiddwereen.

Mir mussen eis europäesch Verteidigungspolitik nach eng Kéier iwwerdenken a kucken, wéi mer se op Basis vun deenen Evenementer sécherlech mussen upassen.

Mee mir mussen eis och bewusst sinn, datt déi Ausernanersetzung net nëmme mat Panzeren a Rakéiten an der Ukrain gefeuert gëtt, mee och mat Cyberattacken iwwerall op der Welt a mat Tentativë vun Amëschung an demokratesch Prozesser, an notament Walprozesser.

Haut geet et drëm, solidaresch mat der Ukrain an haaptsächlech mat dem ukrainesche Vollek ze sinn, dat momentan leide muss ënner enger mat näischt ze justifizierender Aggressioun. Déi Solidaritéit muss een och als klengt Land weisen a mir hunn och do als Lëtzebuerg eis Verantwortung ze droen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Claude Wiseler. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Mir haten alleguer gehofft an deene leschte Wochen, datt déi diplomatesch Ustrengunge géifen zu enger Léisung am Ukrain-Konflikt féieren. Leider war dat eng Illusioun. Zënter hënt gëtt et erëm Krich op europäeschem Buedem. Dat Onvirstellbaart ass leider Realitéit ginn. Eis Gedanke si jiddefalls de Moment ganz kloer beim ukrainesche Vollek, wat elo zum Spillball vun inakzeptabelen Hegemoniebestriewunge vun engem Land ginn ass, wat sech warscheinlech wëll zréckversetzen an d'Zäite vum Zareräich oder vun der Sowjetunioun.

Den Zerfall vun der Sowjetunioun am Dezember 1991 a 15 onofhängeg Republikken hat am Endeffekt där Muecht hir Aura geholl. An zënterhier versicht déi Muecht erëm, sech mat eenzele Stécker dat zréckzehuelen, wat hir anscheinend dann ëmmer gehéiert huet, Stéchwieder: Südosetien, Transnistrien, Krim.

Ech wëll awer hei och emol un d'Schlussakte vun Helsinki vun 1975 an d'Paräiser Charta vun 1990 erënneren, déi ganz kloer déi national Souveränitéit ënnersträichen, déi ganz kloer festhalen, datt e Land d'Recht huet, sech engem Bündnis unzeschleissen. Ech mengen, och dat muss dem Här Putin emol eng Kéier ganz kloer als Erënnerung gesot ginn: „Et geet elo duer, Här Putin!“

Dee Konflikt huet natierlech ouni Zweifel och eng Konsequenz fir d'Sécherheetsuerdnung an Europa. Déi kruzial Fro, déi sech natierlech an dësem Moment stellt, dat ass: Wéi soll déi westlech Welt reagéieren? Wéi soll d'Europäesch Unioun reagéieren? Wéi soll d'NATO reagéieren? Eppes ass kloer: Et muss mat alle Mëttele versicht ginn, e Krich, e weidere Krich ze verhënneren, deen onschëlleg Mënsche wäert leider ëm hiert Liewe bréngen.

Wirtschaftlech Sanktiounen sinn ouni Zweifel e wichtege Aspekt, an dowéinst kënnen mir als Demokratesch Partei och nëmme begrëssen, wat gëschter vun der Europäescher Unioun zréckbehalen ginn ass. Mir stinn do voll dohannert. Déi Sanktiounen wäerten ouni Zweifel der russescher Ekonomik wéidoen. Et muss

een och éierlech sinn: Se kënnen och deelweis eis wéidoen, besonnesch wat d'Versuergung mat Energie ubelaangt. Dowéinst ass och ze begrëssen, datt d'Regierung de Moien decidéiert huet, den nächste Méinden e sougenannten Energiedësch anzeberuffen.

Haut soll jo dann och en zweete Mesurëp decidéiert ginn. Ech mengen, och dat ass e Wee, dee mir als Demokratesch Partei ouni Zweifel wäerte matgoen.

Den Här Putin huet dann och unilateral d'Accorde vu Minsk gekënnegt, andeems hie Lugansk an Donezk als onofhängeg Republikken unerkannt huet. Déi lescht Woche jiddefalls hu bewisen, datt dem Här Putin net méi ze trauen ass. An ech soen dat ganz éierlech hei: Sāi Virgoen erënneren een awer e bësselchen u München 1938. Do hat och e gewëssene Mann verschiddene Leit d'Gefill ginn, wéi wann e géif fir de Fridde anrieden. Den Här Chamberlain an den Här Daladier, déi sinn herno nach gefeiert ginn, wéi se heemkomm sinn, an dat, wat mam Här Macron a mam Här Scholz déi lescht Woche geschitt ass, dat weist awer eng gewësse Parallell.

Jiddefalls, mir mussen aus der Geschicht léieren. De ganz grouse Virdeel vis-à-vis vun der Period vu virun 1940 ass: Haut hu mer zwee staark Bündnisser, déi et deemools net gi sinn. Mir hunn d'NATO a mir hunn d'Europäesch Unioun. An ech mengen, dat muss ee grad haut Russland, awer och China - dat soll een och net hei vergiessen - nach eng Kéier an Erënnerung ruffen, datt dat Kräfte sinn, déi sech fir Fridde, Toleranz, Fräiheet a Selbstbestëmmung asetzen. Grad elo heescht et also, datt de Westen nach méi beienee réckelt, dat selbstverständlech zesummen och mat eisen amerikanesche Frënn.

Trotz allem Asaz muss awer hei natierlech virun allem nach ëmmer d'Diplomatie priméieren. D'Diplomatie muss déi effizient Waff sinn, an net d'militäresch Waffen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat engem awer besonnesch ze denke muss ginn, dat ass awer och d'Wuert vum Här Putin: Hie schwätzt vun engem „Genozid“, hie schwätzt dann och vun engem „Demilitarisierung“ a vun engem „Denazifizierung“ vun der Ukrain. Do muss ee sech awer wierklech d'Fro stellen: Wéi ass et méiglech, dat grad e Mann, dee jo awer ganz aner Wäerter vertritt, elo op eemol esou dobaussen optrëtt. Ech mengen, mat esou minimalisteschen Argumentatiounen ass op kee Fall e Krich ze justifizéieren, a grad vun engem Persoun, där hiert politesch Vermiechtnes awer éischer aus Ennerdréckung vu Minoritéiten, Trëppele vun elementare Mënscherechter an Eliminatioun vun oppositionelle Stëmmen besteet, Stéchwieder: Alexej Nawalny oder MEMORIAL.

Zënter hënt ass leider viles anescht. Ech mengen, dat beweisen och déi vill Reaktiounen, déi aus der ganzer Welt komm sinn. Mee leider ass dat doten e Konflikt, ass dat en Szenario, dee mer zwar deelweis komme gesinn hunn, mee wou mer ëmmer gehofft hunn, datt en net géif an d'Realitéit ëmgesat ginn.

Mir däreifen natierlech net zouloossen, datt hei nach eng weider Eskalatioun kënn. Wirtschaftlech Sanktiounen sinn natierlech de Moment gefrot, mee et muss een awer och iwwer aner Konsequenzen nodenken. Ech denken zum Beispill un d'Memberschaft vu Russland a verschiddenen internationalen Organisatiounen, déi vläicht gegebenfalls suspendéiert, och souguer annulléiert kéinte ginn, sief dat d'OSZE oder sief dat de Conseil d'Europe, wou iwwerregens déi lescht Stonne scho ganz vill Diskussiounen lafen.

An da mussen mer an dëse Stonnen awer och un aner ëstlech Länner denken, sief dat Polen, sief dat virun allem déi baltesch Länner oder sief dat och nach



Rumänien. A grad si hu jo elo ugefrot, datt den Artikel 4 vun der NATO soll zur Diskussioun kommen. Dee seet ganz kloer, datt wann e Land menacéiert gëtt, datt dann awer musse Consultatiounen geféiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Demokratesch Partei verurteelt op d'Schäerfst - op d'Schäerfst! - déi russesch Aggressioun an rëft den Här Putin op, direkt d'Waffen niddereleënen!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Graas. An da wier et um honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Erlaabt mir wannechgelift, och just ee Wuert ze soen iwwer de Kolleg Jacques Poos, deen eis verlooss huet. Et ass haut ganz vill Luef fir hie komm an ech mengen, dass dee ganz berechtigt war. Iwwer all déi Saachen eraus, déi schéi Saachen, déi haut iwwer hie gesot gi sinn, géif ech nach gäre soen, dass hien och e léiwe Mënsch war, deen aner Leit inspiréiert huet, an ech weess, dass ech do net eleng heibanne sinn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Léif Kollegeinnen a Kollegen, ëm 4.00 Auer de Moien, wéi mer wëssen, huet Russland e Raketenugriff op d'Ukrain lancéiert. E puer Stonne méi spéit si russesch Truppen an d'Land marschéiert. Hei ass den Aggressor also ganz kloer bekannt. Déi russesch Attack op d'Ukrain ass duerfir op dat Schäerfst ze verurteilen. Op dëser Plaz ass Haltung gefrot. Hei dierf et kee „Jo, mee ...“ ginn. Dëse brutalen Ugrëff op déi territorial Integritéit vun der Ukrain ass op der ganzer Linn ze condemnéieren, a soss guer näischt!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Mir schwätzen hei iwwer eng vëlkerrechtswiddreg Attack, déi kategoresch ze condemnéieren ass. Ech sinn och perséinlech schockéiert iwwer d'Decisioun vum russesche President. Dat heiten ass ganz kloer säi Krich, de Krich vum Wladimir Putin.

Deen aktuelle militäresche Konflikt riskéiert, Ausmoossen ze kréien, wéi mer se zanter dem Zweete Weltkrich net méi kann hunn. De Fridde vum ganzen europäesche Kontinent ass duerfir a Gefor. A wa Krich ass, dat wësse mer alleguer, da leit d'Zivillpopulatioun am meeschten. Mir maachen eis Suergen ëm d'Bierger an der Ukrain.

Ech drécken hinnen op dëser Plaz mäi Matgefill aus an denken och un déi iwwer 1.000 Ukrainer, déi hei zu Lëtzebuerg liewen an un hir Familljen, déi elo bestëmmt vill Angscht hunn.

Eis Prioritéit ass et, esou séier wéi méiglech e Waffestëllstand hierzestellen an d'Situatioun ze deeskaléieren. Mir wëlle Fridden. Duerrfir appelléiere mer un de President vun der russescher Federatioun, fir erëm un de Verhandlungsdësch zrëckzekommen. Mir waren a sinn ëmmer oppe fir den Dialog. Dës Kris verlaangt awer eng séier Reaktioun. D'Sanktiounen, déi bis elo geholl goufen, ware richteg, mee mir mussen elo e Schratt méi wäit goen.

Mir erwaarden eis vun den EU-Regierungs- a Staatscheffen, déi elo zesummekommen, eng staark Reaktioun, eng konsequent Reaktioun a virun allem eng eestëmmeg Reaktioun. Hei geet et ëm d'Verdeedegung vun eise Wäerter an d'Oprechterhale vun der internationaler Rechtsuerdnung. Duerrfir mussen d'Sanktiounen konsequent sinn an och haart. Aner Nationalinteressi sinn an dëser Situatioun

zweetrangeg. D'Positioun vun der Europäescher Unioun muss kloer sinn an d'Sanktiounen mussen unanime verhaange ginn. Den Zesummenhalt vun der EU dierf hei net geschwächt ginn. Mir mussen elo méi wéi jee zesummenhalen.

An deem Sënn proposéiere mir och eng Motioun, Här President, déi ech Iech heimadder géif iwwerreechen an déi vun alle Fraktiounen a Sensibilitäten hei aus der Chamber matgedroe gëtt.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les opérations militaires lancées par la Fédération de Russie sur le territoire ukrainien le 24 février 2022 ;*

*- considérant la reconnaissance de l'indépendance des Républiques de Lougansk et Donetsk par la Fédération de Russie qui met ainsi fin de facto à l'accord de Minsk ;*

*- considérant le déploiement d'efforts diplomatiques concernant le conflit entre l'Ukraine et la Russie de ces derniers jours et semaines,*

*invite le Gouvernement*

*- à condamner fermement l'attaque non-provoquée et injustifiée de l'Ukraine par la Fédération de Russie qui constitue une violation flagrante du droit international ;*

*- à exiger de la Fédération de Russie de mettre fin immédiatement à ses opérations militaires et de retirer ses forces du territoire ukrainien ;*

*- à appeler la Fédération de Russie à résoudre ce conflit de manière pacifique ;*

*- à appeler à la solidarité avec l'Ukraine au niveau de l'Union européenne qui devra parler d'une seule voix face à cette violation éclatante du droit international.*

*(s.) Yves Cruchten, Sven Clement, Stéphanie Empain, Gusty Graas, Fernand Kartheiser, Claude Wiseler.*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Um Enn wëll ech nach all deenen, déi elo soen, et hätt een iwwerhaupt net duerfen diskutéiere mat Russland a mam Putin an de leschten Deeg a Wochen, dat heite soen: Et ass ni falsch, den Dialog ze sichen. Et ass ni falsch, sech fir de Fridden a fir friddlech Léisungen anzesetzen, net d'lescht Woch, net haut an et ass och sécher muer net falsch!

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut de Moien, wéi ech op den Handy gekuckt hunn, hat ech direkt e relativ décke Klooss am Hals. A wärenddeems ech d'Kanner prett gemaach hu fir an d'Schoul ze goen oder an d'Crèche - sou ganz business as usual hei -, hunn ech permanent awer just dru geduecht, wéi Elteren, Mammen a Pappen an der Ukrain haut de Moien hire Moie verbréngen a sou guer kee business as usual bei hinnen ass.

Mir sinn haut quasi an enger neier Welt opgestanen, an esou schockéiert wéi mer alleguerte sinn, froen ech mech, ëm wéi vill méi verängschtet haut alleguerten déi Leit dierfte sinn, déi an der Ukrain liewen an ëm hiert Liewe fäerte mussen.

Ënnerhalb vun e puer Wochen ass eng lodernd Kris, déi awer diplomatesch begleet ginn ass, zu enger

wierklech eminenter Bedroung fir de Fridden an Europa ginn. A quitte dass dat alles enger eenzeger Persoun an d'Schong ze schiben ass, gesi mer awer erëm, dass Fridden eppes ganz Fragilles ass an näischt Selbstverständlech.

Nom Zweete Weltkrich hu sech vill Politiker fir de Fridden an Europa agesat. An elo gesi mer erëm, dass et duergeet, dass een Autokrat fir sech entscheet, d'Geschicht ëmzeschreiwen, fir dass alles iwwer Bord ka geheet ginn. An enger Zäit, wou mer elo geduecht haten, post-Corona erëm opootmen ze kënnen, gesi mer eis elo um Bord vun engem Drëtten Weltkrich, an dee musse mer verhéieren.

An dofir muss ech mech deem uschléissen, wat meng Virriedner elo scho gesot hunn. Mir verurteilen zuschäerfst, dass Russland de Wee vun der Waffengewalt ageschloen huet a mir sinn traureg doriwwer, dass mer op deem Punkt ukomm sinn. Net just traureg, mee et ass och eng richteg Roserei, déi sech breet mécht, gemëscht mat Onverständnis, wéi et zu esou eppes komme kann.

Wat dat alles fir eis a virun allem fir d'Leit an der Ukrain wäert vu Konsequenzen hunn, dat ass elo nach net kloer ofzegesinn. Mee mir kënnen eis sécher sinn, dass dat ganz vill Leed wäert mat sech bréngen.

An och fir d'Zukunft stelle sech ganz vill Froen: Wat mécht dat dote mat eiser weltwäiter Sécherheetsuerdnung? Riskéiere mer, erëm an eng Well vun nuklearer Oprüstung ze kommen? Komme mer allgemeng erëm an eng Spiral vun der Oprüstung eran? Well hei gëtt d'Vëlkerrecht komplett mat Féiss getrëpelt. Luhansk an Donesk si vëlkerrechtlech keng onofhängeg Staaten, egal, wat de Putin decidéiert. Dofir ass dat do näischt anescht wéi eng Invasioun, en Ugrëffskrich.

Russland ass dat gréisst Land vun der Welt a wéi et ausgesäit, geet dat nawell net duer. Déi Invasioun beschränkt sech jo elo en plus net op déi oftrünneg Regioneen, mee se attackéiert déi ganz Ukrain. E souveräne Staat kritt einfach vu Russland ofgeschwat, en Existenzrecht ze hunn, an dat ass ongeheierlech!

Sécher wäert dat do also e risegen Impakt op eis zukünftge Bezéiunge mat Russland hunn, mee kloer ass op alle Fall - an do benotzen ech d'Wieder vun der däitscher Ausseministes - , dass dat hei net eng Ukrainkris ass, mee eng Russlandkris. Et ass de President Putin, deen hei ganz eleng d'Verantwortung ze droen huet, an déi ukrainesch Gesellschaft verdéngt eis ganz Solidaritéit!

Dës militäresch Eskalatioun a Geschichtsverdréiung säitens vu Russland ass net ze dulden a se wäert Russland och nach fir eng laang Zäit op der Weltbün isoléieren. Wie virun enger Zäit nach a Russland e Partner wollt gesinn, dee muss haut leider unerkennen, dass mir et do mat engem Mënsch ze dinn hunn, dee bereet ass, alles ze maachen, fir d'Geschicht ëmzeschreiwen an dee liichtfankeg en Drëtten Weltkrich géif riskéieren.

D'NATO ass hei keng Bedroung gewiescht. An och haut nach ass d'NATO ganz schwéier drëm beméit, alles ze maachen, fir dem President Putin absolutt kee Virwand ze ginn, fir iergendee Move vun der NATO als Provokatioun ze gesinn.

An natierlech sinn net just mir heibannen, mee ech mengen, alleguerten déi, déi elo ganz laang dorunner geschafft hunn, fir dat do ze evitéieren, decourageiert, wann ee gesäit, dass sämtlech diplomatesch Moyene keng Friichte gedroen hunn.

Mee bei engem russesche President, dee vun „Nazi-terror“ a „Genozid“ an der Ukrain schwätzt, ass wuel all Hoffnung op demokratesch Mediatioun verluer. An



eis bleibt also näischt aneres iwwreg, wéi drastesch Sanktiounen ze huelen. An dobäi mussen mer kloer soen: Mir wollten dat net a mir wëllen dat u sech och haut net. Mee et féiert elo kee Wee méi derlaanscht. An et féiert och kee Wee derlaanscht, dass d'NATO alles muss drusetzen, fir Russland op Aarmlängt ze halen.

Stellt Iech just vir, Dir géift haut am Oste vun Europa un der Grenz zur Ukrain liewen. Dat ass en Onsécherheetsgefill, wat enorm ass, an et ass och eis Missioun als Bündnis, deene Länner zur Säit ze stoen an e kloert Signal u Russland ze ginn: „Bis heihin an net méi wäit!“

Mir sinn eis eens an determinéiert, kloer auszeschwätzen, wat grad geschitt ass. Dat ass keng russesch Friddensmissioun, mee et ass eng Krichsmissioun. An d'Mënschen a Russland mussen sech awer och elo froen, ob se dee Geschichtsrevisionismus esou matdroe wëllen a bereet sinn, de Wahn vun hirem President mat der Isolatioun vun hirem Land ze bezuelen.

A vläicht nach e lescht Wuert zu engem Sujet, dee staark liiert ass, deen och elo hei ugeschwat ginn ass: Dat ass dee vun der Energiepolitik. Mir gesinn elo op ganz dramatesch Aart a Weis, a wéi eng Sakgaass mer eis manövriert hunn, andeems mer eis esou ofhängeg vu fossilen Energien an eeben och vu russeschem Gas gemaach hunn.

An elo kräischen dann natierlech déi eng oder déi aner, dass Nord Stream 2 op Äis geluecht ginn ass a maachen, wéi wann dat eng schlecht Entscheidung gewiescht wier, well elo d'Präisser nach méi an d'Luucht géife goen.

Ma sécher kënnen d'Präisser nach an d'Luucht goen. Dat huet awer näischt mat Nord Stream 2 ze dinn, well och ouni Nord Stream 2 klammen d'Präisser. Wann d'Präisser klammen, dann ass et, well de Putin de Krunn zoudréint, an dat kann en, egal ob de Gas duerch d'Ukrain oder direkt iwwer Däitschland erakënn.

Energiepolitik beinhalt natierlech geopolitesch Elementer. Op Wandrieder ze setzen huet also näischt mat Ideologie ze dinn. Si droen en Deel zu eiser Souveränitéitsofsécherung bäi. Hei an haut gesi mir, dass et hei bei Wäitem net just ëm Klimapolitik geet, mee ëm eis Sécherheet. Et geet ëm eis Souveränitéit. Et geet drëm sécherzestellen, dass mer keng russesch Krichsmaschinerie mat eise Gelder finanzéieren an et geet drëm sécherzestellen, dass mir eis net kënnen erpresse loossen, well si sinn en Deel vun eiser nationaler Sécherheet.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Empain. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus e Merci un d'Regierung, dass déi Deklaratioun haut ass. Et ass de richtigen Abléck, fir doriwwer ze schwätzen. Mat Trauer a Bestierzung hu mir de Moien héieren, dass Russland eng grouss militäresch Operatioun géint d'Ukrain lancéiert huet. Dëst ass en oppene Broch vum internationale Recht an et gétt eiser Iwwerzeegung no keng Rechtfertegung dofir.

Dowéinst verurteile mir deen Akt vu Gewalt a mir mussen der Regierung zu Moskau weisen, dass mir esou Handlungen net akzeptéieren. Elo géllt et, kuerzfristeg eng Rei vu Moosnamen ze huelen. De Schutz vun den NATO-Staate wéi och vu Finnland, Schweden an aneren neutralen EU-Staaten ass fir eis

net verhandelbar. Mir verstinn déi Nervositéit, déi elo an deene Länner ass, a mir mussen hinne garantéieren, dass mir am Fall vun engem Ugrëff géint si eis Bäststandsverpflichtungen eescht huelen.

Mir mussen an deem Zesummenhang och iwwert déi weltwäit Implikatiounen vun där Situatioun an der Ukrain nodenken. Wa mir net staark a konsequent reagéieren, kéinten anerer an dëser Attack e Prezendenzfall mengen ze gesinn, deen et hinne géif erlaben, d'Sécherheet vun hiren Noperen a Gefor ze bréngen. Ech denken do och un de Raum vum Pazifik.

Vill Affer vum Krich an der Ukrain sinn Zivilisten. Vill vun hinne wäerten elo déi ëmkämpfte Regiounen wëlle verloossen. D'ADR proposéiert, dass mir do, wou et néideg ass, esou Leit bei eis Schutz ginn. Mir si bereet, an dëser Situatioun och iwwert déi streng Reegelen vum Krichs- a vum Asylrecht erauszegoen an eis Dieren opzemaache fir Leit, déi aus Krichsregiounen an der Ukrain zu Lëtzebuerg Hëllef sichen, fir hinne Schutz ze ginn, esoulaang si dee brauchen.

D'ADR proposéiert ausserdeem, dass mir do, wou et néideg ass, eng grousszügig humanitär Hëllef leeschten. Géintwuer deenen, déi de Broch vum Völkerrecht ze veräntwerthen hunn, mussen mir Sanktiounen huelen. D'Sanktiounen mussen awer déi Schëlleg treffen, an net déi Onschëlleg.

Mir wëssen, dass esou Sanktiounen a Géigesanktiounen, déi jo dann och kommen, eng Rei vun negative Konsequenzen fir eist eegent Land mat sech bréngen. Déi Situatioun an der Ukrain verlaangt dowéinst och Affer vu Lëtzebuerg. Mir mussen eis dorop astellen. Mir kréien elo verstärkt ekonomesch, finanziell an energiepolitesch Problemer. Déi Problemer mussen mir elo solidaresch ugoen. Mir mussen eist Land an eis Gesellschaft méi kriseresistent maachen an dobäi och eng méi onofhängeg an zouverlässeg Energieversuergung opbauen.

Mat déi éischt Affer vun engem Krich sinn ëmmer d'Mënschlechkeet, d'Veronft an d'Wourecht. Mir plädéieren dowéinst derfir, géintwuer Russland an der Ukrain, dass d'Krichsrecht agehale gëtt, dass et net zu onmënschlechen Aktiounen kënn an dass déi zwou Säite sech esou séier wéi méiglech ëm e Waffestëllstand beméien.

Mir kennen de Risiko fir d'Wourecht. Mir fillen eis der Wourecht verflucht a mir solle keng Propaganda ënnerstëtzen, egal vu wéi enger Säit, mee eis ëmmer drëm beméien, eng méiglechst objektiv Analys vun der Situatioun ze maachen.

Mir wëllen och an dëser Situatioun weeder d'Veronft nach d'Léift zum Fridden afferen. Esou wichteg et och ass, enger Aggressioun entgéintzetrieden - an et ass dat, wat an dëser Situatioun onëmgänglech ass -, esou wichteg ass et awer och, drun ze denken, dass mer diplomatesch Léisunge mussen méiglech loossen an och laangfristeg entwéckelen. Wouhin dee Konflikt eis féiert, wësse mir nach net. Dat hänt och dovun of, wéi laang en dauert a wat d'Ziler vu Russland konkret wäerte sinn.

Komme mir an eng nei Oprëschtungsspiral? Wéi eng Implikatiounen huet de Krich an der Ukrain op déi Europäesch Unioun? Wéi staark leit eis Ekonomie ënnert dësen Entwécklungen? A wéi soll eist Verhältnis zu Russland an zu der Ukrain laangfristeg ausgesinn? Wéi eng Sécherheetsarchitektur ass fir eise Kontinent elo nach méiglech?

Haut si mer an enger akuter Kris a mir mussen déi prioritär geréieren. Mir mussen eis solidaresch mat engem Land weisen, dat ugegraff gëtt, esouwäit wéi et eeben an dëser Situatioun méiglech ass.

D'Mënschen an der Ukrain brauchen eis Hëllef a mir mussen hinnen Hëllef ginn. Et géllt awer och, fir an deenen nächste Jore grouss Leeschtungen an der Diplomatie ze bréngen. Mir halen als ADR an deem Zil fest, dass Europa muss e Kontinent ouni Haass a vum Fridde sinn, op deem all Europäer sech ka sécher fillen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et un der honorablen Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, villmools merci, Här President. Mir sinn all bestierzt iwwert d'Situatioun an der Ukrain. Mee zu dësem Zäitpunkt iwwerschloe sech d'Informatiounen all Minutt, all Sekonn bal schonn, déi aus der Ukrain kommen, an déi genee Situatioun um Terrain ass nach net richtig kloer. Sécher ass awer, dass déi russesch Arméi säit de fréie Mueresstonnen e grouss ugueluechten Ugrëff op d'Ukrain lancéiert huet. Et gëtt Berichter vu russesche Loftattacken op militäresch Ziler an zivill Infrastruktur, Artillerieattacken a Grenziwwerschreidunge vu russeschen Truppen. Et ass aller Warscheinlechkeet no déi gréisst militäresch Offensiv säit der Invasioun vum Irak am Joer 2003.

Egal wéi sech dës militäresch Situatioun entwéckelt, eppes ass elo scho kloer: Et ass e ganz grave Völkerrechtsbroch, dee mat näischt ze rechtfertegen ass. Mir verurteelen dee schaarf, esou wéi mer och an der Vergaangenheet all Broch vum Völkerrecht verurteelt hunn. Hei gëtt mutwëlleg mat dem Liewe vu Milliounen Mënsche gespillt an eis Gedanke sinn natierlech dofir an éischter Linn bei der Zivillbevölkerung.

Wat dem russesche President seng militäresch Ziler sinn, ass den Ament nach net ganz kloer. Wëllt hie just eng Muechtdemonstratioun maachen, well e mengt, en hätt domat méi eng staark Verhandlungspositioun? Wëllt e just déi zwou separatistesche Provénze komplett ënner russesch Kontroll kréien oder souguer, wéi een haut bal mengt, e Regierungswissel zu Kiew erzwén-gen?

Wat och ëmmer seng Ziler sinn, de Wladimir Putin ass bereet, dofir en extreem héijen Asaz op den Dësch ze leeën. An hie vermëttelt ëmmer méi d'Bild vun engem Mann, deen de Bezuch zur Realitéit verluer huet. A grad dat mécht eis alleguerten, mengen ech, esou vill Suergen.

Wäitreechend Sanktiounen waren dann ugekënnegt a solle fir de Fall vun enger weiderer Eskalatioun och eropgoen. A mir erwaarden eis dat och, dass haut eeben och eng Decisioun zu Bréssel geholl gëtt.

Och wa Russland an de leschte Jore Reserven ugeluecht huet a wirtschaftlech manner ofhängeg vun Europa ass, wäerten déi Sanktiounen, wa se gutt konzipéiert sinn, op Dauer en Effet hunn. D'Zäit spillt also géint de russesche President an dofir géllt et elo, dass mir an Europa d'Nerve behalen an dass mer eis net provozéiere loossen.

Mir ruffen och d'EU an déi europäesch Regierungen op, sech schnellstméiglech vun de russeschen Energie-lieferungen ofzuebelen. Déi Energieofhängegkeet vun Europa ass eng Waff an der Hand vum Kreml, mat där si déi europäesch Gesellschaft kënnen destabiliséieren. Europa muss sech deemno esou schnell wéi méiglech dëser Ofhängegkeet entzéien, fir net a Gefor ze geroden, erpresst ze ginn.

Wa sech dës Konflikt an d'Längt zitt, wäert et méiglech-cherweis zu Flüchtlingsström a Richtung Mëttel- a Westeuropa kommen. Och dorobber mussen mir eis preparéieren. Wann et dozou kënn, mussen mer dës



Mënsche sécher Fluchtweeër opmaachen a se an Dignitéit empfänken, esou wéi dat alle Mënschen zousteet, déi viru Krich an Elend musse flüchten. Dat Trauerspill vun 2015 dierf sech net widerhuelen.

Zum Schluss wëll ech nach drun erënneren, dass een ni dierf e ganz Vollek responsabel maache fir d'Aktiounen vun hirer politescher Féierung. Natierlech ginn et a Russland an och a Wäissrussland Mënschen, déi dës Invasioun fir richtig halen. Mee et gëtt mat Sécherheet vill méi Leit, déi sech Suerge maachen an dës Länner an déi net domadder averstane sinn. Ech hoffen, dass d'Politiker an d'Leit dobaussen och deen Ënnerschied wäerte maachen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, léif Kollegeinnen a Kollegeen, haut de Moie si mer alleguerten an enger anerer Welt erwächt. Et ass eng Welt, wou d'Gewalt an de Konflikt erëm eisen Alldag an eis Gedanke beaflossen. Et ass eng méi ellen, eng méi traureg Welt. Ech stoung de Moie laang um Bett vu menger fënnf Méint aler Duechter an ech hu mer d'Fro gestallt: Wéi erklären ech deem eng Kéier de Grond vun esou engem Konflikt? Wéi soll ech em esou e sënne Krich jeemools erklären?

De Westen huet probéiert, mam Autokrat Putin ze verhandelen, ze diskutéieren. Hien huet entscheet, datt d'Zäit vun de Gespréicher eriwuer ass an datt elo Mënsche musse stierwen. Et herrscht Krich an der Ukrain, e Krich, dee Russland ze verantworten huet, e Krich, dee Mënscheliwwen an Existenz wäert zerstiieren.

Vill Leit hei am Land an op der ganzer Welt fille sech hëlleflos. D'Noriichten iwwerschloe sech, Meldungen iwwerschloe sech. Et wäerten an dësen Zäiten och vill Meldunge kommen, déi net stëmmen. Dat ass Deel vun engem moderne Krich. Dës Meldunge gëllt et als dat ze entlarven, wat se sinn: Fakenews, e Mëttel vun der Krichsféierung.

Hei kënnt eis alleguerten elo eng wichteg Roll zou, eise Politikerinnen a Politiker, de Journalistinnen an de Journalisten, fir genau iwwert déi Saachen ze berichten, déi wierklech geschéien, eis alleguer, fir nëmmen déi Informatiounen ze deelen, déi aus vertrauenswäerdge Sourcë kommen. Mir dierfen dem Putin senger Propaganda keng Plaz loossen. Et ass elo och un der EU an hire Partnerlänner, fir haart duerchzegräifen an de Putin a säin Ëmfeld spieren ze loossen, datt mir och ouni militäresch Ugrëffer eiser-säits kënne géint Russland virgoen.

De russeschen Autokrat a säin Entourage hunn decidéiert, datt Russland näischt méi op international Rechter an eege bilateral a multilateral Verflüchtunge gëtt. Si wëllen net méi Deel si vun enger friddlecher internationaler Gesellschaft, an als solch sollte mer se dann och behandelen. Natierlech soll ëmmer eng Linn oppe bleiwe fir den Dialog. Mee d'Zäite vum Appeasement oder, fir Accorde mat Russland ze fannen, sinn duerch d'russesche Akten op en Enn komm.

Als EU musse mer dem Putin elo weisen, datt rout Linnen eng Bedeutung hunn, datt Traitéen net einfach esou kënne gebrach ginn an datt mer net akzeptéiere kënnen, datt Grenzen duerch Gewalt nei gezechecht ginn.

Mir Piraten stinn hannert de Sanktiounen, déi d'EU bis elo beschloss huet, an et musse weider robust Sanktiounen verhaange ginn, genausou wéi d'Ukrain muss materiell Hëllef vun eise Memberstaate kréien.

Et ass och un der EU, fir deene Leit ze hëlfe, déi elo aus de Krichsgebiddern wäerte flüchten an ëm hiert Liewen an dat vun hirer Famill musse fäerten. Dat gëllt fir all Ukrainer an Ukrainerin. Et soll kee jonken Ukrainer musse un enger russescher Attack stierwen. Ech soen dat, an ech soen dat genau esou, well am Kader vun der Afghanistankris eenzel Stëmmen dobausse gemengt hunn, jonk Männer missten an hirem Heemechtsland bleiwen a fir hiert Land kämpfen a stierwen. Nee, dat musse se net!

Si sollen hiert Land kënne verdeedegen, wa se dat wënschen. Mee och si hunn d'Recht drop, al ze ginn, eng Famill ze grënnen an a Fridde ze liewen, e Recht drop, hir Famill a Sécherheet ze bréngen, e Recht, wat de President Putin hinne wëllt ofschwätzen, genau-sou wéi d'Existenzrecht vun der Ukrain.

Här President, léif Kollegeinnen a Kollegeen, ech war well an der Ukrain an ech hu se als weltoppen, frëndlech a virun allem als en demokratescht Land wougerholl. Dës Zäite si leider bis op Weideres eriwuer. Et ass eng méi traureg Welt haut, eng Welt, an där mir eis neie Realitéit stelle mussen, eng Welt, an där mir als Europa awer och musse weisen, fir wat mir stinn. Mir sti fir de Fridde. Mir sti fir Mënsche-rechter. Mir sti fir en Anhale vum internationale Recht. An all Land, dat dës Wäerter net respektéiert, muss Konsequenzen dovunner ze spiere kréien, a mir dierfen d'Ukrain net am Stach loossen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, erlaabt mer fir d'éischt, all den Orateurs Merci ze soen. Et sinn déi Momenter, an deene mer déi Geschlossenheet weisen, déi Wäerter, fir déi mer stinn, egal wéi eng Partei, an - et ass rar, Här President, dass ech dat heibanne soen - an deene mer alleguerte wierklech an déi selwecht Richtung zéien, alleguerte fir déi selwecht Wäerter och hei stinn.

Ech sinn houvreg, als Premier haut virun dëser Chamber ze stoen. Ech hunn Iech gesot, ech géif am léifsten net hei sinn, well déi Situatioun ass eng dramatesch Situatioun. A während mir hei schwätzen, kommen all Stonn nei Noriichten.

Wann een de Moie gesot kritt huet, et wiere militäresch Ziler, déi bombardéiert ginn, sou sinn an der Mëttesstonn och schonn op zivill Ziler Bombe gefall. Et weess keen, wat an den nächste Stonnen, wat an den nächsten Deeg geschitt. Mir hu Moyenen, déi limitéiert sinn. Mir hu virun driwwer diskutéiert. Mir mengen, dass déi Moyenen, déi mer hunn, déi sinn, déi mer och musse benotzen. Et ass och hei - an dat wëll ech och hei schätzen a Merci soen -, dass mer eis bewosst sinn, dass déi Moyene vun de Sanktiounen, déi mer huelen, och e Präis wäerten hunn. Mee mir kënnen net nëmme Wirtschaftsfroe prioritär behandelen, wann et ëm Fridde op onsem Kontinent geet. Duerfir Iech alleguerten e grouse Merci.

Erlaabt mer hei och, dem belschen Ausseministère Merci ze soen, well mir hunn eng Diplomatin dohann vun de Belsch zu Kiew, déi och de Lien mécht, déi sur place ass, hir Konsulin, fir eeben och mat de Lëtzebuerger, déi nach dohann sinn, Saachen ze koordinéieren. Hir och e ganz, ganz grouse Merci.

Mee Iech alleguerten e ganz, ganz grouse Merci, well dat hëlleft mir, wann ech den Owend zu Bréissel

sinn a muer oder iwwermuer NATO-Sommet hunn, fir ze soen: „Ech schwätzen net am Numm vun der Regierung, ech schwätzen am Numm vun engem Land a vun engem Vollek.“

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

### Motion 1

Da kéime mer elo zur Ofstëmmung vun der Motioun. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Kënne mer dës Motioun à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

### Vote sur la motion 1

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen. Wien ass dergéint? Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugehall. Dës Punkt ass domat ofgeschloss.

## 5. Communications

Erlaabt mer nach, eng Rei Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen.

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sëtzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Esou wéi dat am Chambersreglement virgesinn ass, wollt ech folgend Kommunikatioun un d'Chamber maachen: Den Arrêté grand-ducal vum 5. Februar 2022 huet der Madamm Nicole Sibenaler, Member vum Collège vum Centre pour l'égalité de traitement, d'Demission vum hirem Mandat zouerkannt. Esou wéi et festgehalen ass an den Artikelen 11 a 14 vum Gesetz vum 28. November 2006 iwwert de Centre pour l'égalité de traitement souwéi an den Artikelen 135 bis 142 vum Chambersreglement, ass d'Chamber dozou opgeruff, e Ramplacant fir déi verbliewwen Amtszäit ze proposéieren.

Déi interesséiert Persounen kënnen hir Kandidatur per Brëif un de Chamberspresident riichten.

All Deputéierten huet d'Recht, een oder e puer Kandidaten ze proposéieren. An deem Fall ass eng Pièce bazeleee, déi d'Averständnis vum Kandidat beweist.

Fir datt d'Kandidaturen als recevabel erkläert kënne ginn, musse se bis spéitstens de 17. Mäerz 2022 erakomm sinn. Den Datum vum Poststempel ass maassgebend.

Mat der Kandidatur ass e Liewenslaf mat deenen néidege Pabeieren anzerechen, déi beleee, datt d'Konditiounen aus dem Gesetz erfëllt sinn an datt d'Kandidaten déi néideg Kompetenz um Gebitt vun der Promotioun vun der Gläichbehandlung hunn.

Ausgeschloss vun esou engem Mandat sinn d'Membere vun der Chamber, vum Staatsrot a vun der Regierung.

Dës Kommunikatioun gëtt als Avis officiel an der Press verëffentlecht.

### Communications du Président - séance publique du 24 février 2022

1. La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.



Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2. Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

7967 - Projet de loi portant

1° Création d'un comité de suivi de mesures restrictives en matière financière ; et

2° Modification de la loi du 19 décembre 2020 relative à la mise en œuvre de mesures restrictives en matière financière

Dépôt : Madame Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 14/02/2022

7968 - Projet de loi portant transposition de la directive (UE) 2019/1151 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 modifiant la directive (UE) 2017/1132 en ce qui concerne l'utilisation d'outils et de processus numériques en droit des sociétés et portant modification :

1° du Code civil ;

2° de la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat ;

3° de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales ;

4° de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ; et ayant pour objet la digitalisation du notariat

Dépôt : Madame Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 15/02/2022

7969 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail

Dépôt : Monsieur Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 17/02/2022

3. Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2232 - Demande de pétition publique : Créer un service d'oncologie pédiatrique au Luxembourg : aider nos enfants à gagner le combat contre le cancer

Dépôt : Julia Dauphinee, le 10/02/2022

2233 - Demande de pétition ordinaire : Gewähren von Berufsunfähigkeitsrente mit ärztlichem Attest ohne Nachweis erfolgloser Therapien

Dépôt : Marianne Golenhofen, le 08/02/2022

2234 - Demande de pétition publique : Impfpflicht 2022

Dépôt : Sylvie Schweigen, le 11/02/2022

2235 - Demande de pétition publique : Fir d'Afféiere vum DAB (Digital Audio Broadcast) zu Lëtzebuerg

Dépôt : Serge Cichy, le 11/02/2022

2236 - Demande de pétition publique : Obligation pour les propriétaires de faire établir un diagnostic amiante par un organisme agréé par l'Etat avant la vente d'un immeuble.

Dépôt : Carmen Rivoldini, le 11/02/2022

2237 - Demande de pétition publique : Augmentation excessive des carburants. Nous ne gagnons pas tous des salaires qui dépassent les 2.000 EUR! Donc comment terminer les fins du mois sans être dans le rouge ? C'est inadmissible ! Comment peut-on épargner de l'argent si le carburant prend 300 EUR de notre salaire tout en sachant qu'on gagne moins de 2000 EUR net par mois ? / C'est trop !

Dépôt : Kokou Danou, le 16/02/2022

2238 - Demande de pétition publique : Keng Impfung iwwer 50 Joer

Dépôt : Marcelle Simon, le 16/02/2022

2239 - Demande de pétition publique : Steuererleichterungen für Singles

Dépôt : Jacky Bordin, le 17/02/2022

2240 - Demande de pétition publique : Demande de démission de Monsieur Xavier Bettel (Premier Ministre) et de son interdiction d'occuper des fonctions publiques au sein du Gouvernement ou de la Chambre des Députés jusqu'en 2072.

Dépôt : Gustavo Adolfo Strassener, le 17/02/2022

2241 - Demande de pétition publique : --- soll seng Hoer orange/rout fierwen.

Dépôt : Jérôme Schmitz, le 14/02/2022

2242 - Demande de pétition publique : Une pétition afin d'obtenir des pompes à essence E85 bioéthanol au Luxembourg.

Dépôt : Helder Capinha, le 21/02/2022

2243 - Demande de pétition ordinaire : Stationnement handicapé

Dépôt : Aurélie Hilger, le 21/02/2022

4. Par arrêté grand-ducal du 5 février 2022, démission de son mandat a été accordée à Madame Nicole Sibenaler, membre du collège du Centre pour l'égalité de traitement.

Conformément aux articles 11 et 14 de la loi modifiée du 28 novembre 2006 instituant un Centre pour l'égalité de traitement et aux dispositions des articles 135 à 142 de son Règlement interne, la Chambre des Députés sera appelée à proposer à la nomination par le Grand-Duc un remplaçant afin d'achever le mandat de membre du Centre pour l'égalité de traitement. Le mandat viendra à terme le 12 mars 2024.

Les personnes intéressées peuvent adresser leur candidature par simple lettre au Président de la Chambre des Députés, 23, rue du Marché-aux-Herbes, L-1728 Luxembourg.

Les Députés peuvent proposer des candidatures par lettre adressée au Président de la Chambre des Députés. Dans ce cas, ils doivent ajouter une pièce du candidat acceptant la candidature.

Pour être recevables, les candidatures doivent être adressées au Président de la Chambre des Députés au plus tard le 17 mars 2022, l'estampille de la poste faisant foi.

Les candidatures doivent être accompagnées de notices biographiques et de toutes pièces utiles indiquant que les conditions prévues par la législation applicable sont remplies, à savoir disposer de la compétence nécessaire dans le domaine de la promotion de l'égalité de traitement.

Les fonctions de membre du Centre pour l'égalité de traitement sont incompatibles avec les mandats de député, de membre du Conseil d'État et de membre du Gouvernement.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

## 6. Question élargie n° 130 de M. Paul Galles au sujet du budget CO<sub>2</sub> du Luxembourg

Den nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut ass d'erweidert Fro Nummer 130 vum Här Paul Galles iwwert den CO<sub>2</sub>-Budget vu Lëtzebuerg. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vun der Madamm Ministesch eventuell eng Zousazfro ze stellen. An der Regierung sinn zéng Minutten zou.

Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

**M. Paul Galles (CSV)** | Merci villmools, Här President.

Ech hätt jo och léiwer gehat, et wär en Dag mat aneren Ereegnisse, fir déi heite Fro ze stellen. Engersäits, well et eng wichteg Fro ass, wéi ech mengen, anerersäits awer och, well déi Ereegnisse vun haut eis allegueren natierlech zu Recht nach vill méi beschäftegen.

Déi Fro vum Klimabudget, vum CO<sub>2</sub>-Budget geet aus vum Paräisser Klimaabkommen. Mir hunn zu Paräis entscheet, dass mer eis op 1,5 Grad Celsius beziéungsweis maximal 2 Grad Celsius Erwiermung par rapport zu de virindustriellen Zäite wëlle limitéieren. D'Hauptinstrument dofir ass d'Reduktioun vun den CO<sub>2</sub>-Ausstéiss beziéungsweis vun den CO<sub>2</sub>-Equivalenten. An d'Ëmsetzung vun deem Zil, wat mer eis ginn hunn a bei deem wëssenschaftlech ouni Weideres beluecht ass, dass dat dee richtege Wee ass, ass mathematesch gesinn op zwou Aart a Weise méiglech.

Et kann een entweder e Prozentsaz definéieren, op deem ee wëll erofkommen, zum Beispill déi 55 %, déi mir eis zu Lëtzebuerg ginn hu bis 2030, oder et kann een eng aner Method wielen, nämlech en CO<sub>2</sub>-Budget definéieren, deem een eigentlech nach ausstoussen dierf, wann ee proportionell a fair kuckt, wéi vill d'Welt insgesamt nach dierf ausstoussen, bis mer op dee Punkt kommen, dass d'Paräisser Klimaziler net méi anzehale sinn an dass d'Kippunkte erreecht ginn.

An déi zweet Method vum CO<sub>2</sub>-Budget ass interessant, well engersäits gëtt se am IPCC-Rapport och erwänt a genotzt an anerersäits geet et och tatsächlech doréms: Et geet jo net ëm e Pourcentage, dee mer herno wëllen errechen, mee mat deem Pourcentage wëlle mer jo op dee Punkt kommen, eng gewësse Meng, eng Mass vun CO<sub>2</sub> anzespieren. Dat heescht et geet herno ëm eigentlech absolutt Zuele vun CO<sub>2</sub>, déi mer wëllen aspieren, bis d'Kippunkte erreecht ginn.

D'Realitéit ass awer déi, dass d'Länner allegueren Pourcentagen definéiert hunn - mir zu Lëtzebuerg och - an dass se hir Strategie, de Lëtzeburger PNEC also och, vun do aus definéiert hunn. An dat ass eeben net d'Klimabudget-Method!

An dat ass tricky, dat ka geféierlech sinn aus e puer verschidde Grënn. Deen éischten ass deem, dee jo dann theoretesch méiglech wär: Wann ee seet: „Bis 2030 wëlle mer op 55 % kommen“, kéint ee jo theoretesch bis 2029 inklusiv op 100 % bleiwen, 120 % an dann 2030 geet een op 55 % an et seet ee „Mir hunn eis Ambitiounsziiler allegueren erreecht“. Et huet een natierlech an der Tëschenzäit vill méi ausgestouss wéi dat, wat engem zousteet. Dat reng theoretesch.

Den zweete Grond ass awer och deem, dass wa mer d'Trajectoire vum PNEC weider schéi graduell a brav verfolgeen a lues a lues op déi 55 % erofkommen, et da kéint sinn, dass mer trotzdeem wäit iwwert deem sinn, wat eis eigentlech als CO<sub>2</sub>-Emissiounen nach zousteet als Lëtzebuerg.

An dofir misst ee jo eigentlech zwou Saache berechnen. Nämlech engersäits, wéi vill Lëtzebuerg proportionell a fair iwwerhaapt nach am Verglach mat der ganzer Welt zousteet, wann een zum Beispill dovun ausgeet, dass weltwäit nach ongeféier 400 Gigatonnen CO<sub>2</sub>-Equivalenten ausgestouss dierfe ginn, bis mer eis Ziler maximal erreecht hunn. An et misst een och ausrechnen, wéi vill CO<sub>2</sub> dann eigentlech ausgestouss gëtt duerch all déi Ziler, wéi mer se am PNEC definéiert hunn.

An et ass och interessant, dass déi Fro tricky ass, well se elementar ass. Dat huet een an Däitschland gesinn, wéi do de Minister Robert Habeck gefrot ginn ass, wéi e sech da verhält. Do ass en an d'Laberente komm, well en hat sech nämlech un de Pourcentagen orientéiert, amplaz un den absolutten Zuele vun deem Budget, deem Däitschland nach zousteet, an en



huet sech leider dunn och dorop behaupt, bis en dunn agesinn huet, dass e sech tatsächlech geiert hat.

Madamm Minister, mir wëlle jo alleguerten transparent wëssen, wou mer dru sinn. A mir wëllen och net, dass mer eis alleguerten herno - d'Bierger, d'Gemeengen, d'Industrie - immens vill druginn hunn an dass et herno hannen um Enn awer net duerget, dass mer also déi 55 % erreechen, awer trotzdem vum Klimabudget hier wäit iwwert dat eraus sinn, wat mer dierfen.

Duerfir meng Froen. Déi éischt: Woufir geet Lëtzebuerg net op de Wee vum Calcul vum engem Klimabudget?

Déi zweet Fro: Ass de Klimabudget fir Lëtzebuerg iwwerhaupt errechent ginn? A wéi vill géif eis da proportional iwwerhaupt nach bis wéini zoustoen?

Déi drëtt Fro: Ass errechent ginn, wéi vill Tonnen CO<sub>2</sub> mer iwwerhaupt nach ausstoussen, wa mer d'Trajectoire vum PNEC verfolge? A läit déi Zuel iwwert deem oder ënnert deem, wat eis iwwerhaupt nach zousteet?

An déi véiert Fro: Erreeche mer da mam PNEC a mat deem, wat mer nach un CO<sub>2</sub> ausstoussen, iwwerhaupt dann déi Paräisser Klimaziler?

Ech soen Iech villmools Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Galles. D'Regierung huet d'Wuert, Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Madamm Carole Dieschbourg.

**Mme Carole Dieschbourg**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Här President, Dir Dammen an Härren, fir d'éischt emol dem Här Galles merci fir déi Fro, well et ass wierklech eng elementar Fro, wa mer vu Klimapoliticken op där enger Säit, vu Resultater, déi mer wëllen erreechen, schwätzen, an op där anerer Säit vu Gerechtegkeet. An dofir loosst mech Är Fro vläicht an zwee grouss Deeler opdeelen.

Déi éischt ass jo, dass hei an dësem Haus, mengen ech, absolutt keen Zweifel besteet: Lëtzebuerg steet 100 % zu den Ziler, dem Paräisser Accord gerecht ze ginn. Mir hu gemeinsam hei an dësem héijen Haus de 15. Dezember 2020 e Klimagesetz op de Wee bruecht, dat eebe genau dat laut sengem éischten Artikel wëllt maachen: d'Ëmsetzung vum Paräisser Accord. Dat heescht, dass mer d'Äerderwiermung op 2 Grad limitéieren an dass mer alles maachen - an dat steet och am Artikel 4 vum dësem Gesetz -, fir bei den 1,5 Grad stoen ze bleiwen, fir dass mer eng sécher Welt kréien. Bon, en Thema, dat eis haut natierlech nach op eng ganz aner Aart a Weis touchéiert.

Dofir huet och Lëtzebuerg sech e Klimagesetz ginn, an deem mer eng Kuerzzeitberechnung maachen. An, Här Galles, do hu mer genau déi Budgetsapproche gewielt iwwert déi sektoriell Ziler, woubäi et jo och en entspreche Règlement grand-ducal gëtt a woubäi doduerch, dass mer esou kloer am Gesetz soen, mir hätte sektoriell Ziler a mir géifen all Joer erofgoen, eeben den Zenario, den Dir elo just hei beschriwwen hutt, net wäert kommen, well mer genau do gesot hunn: Mir maachen elo de Paradigmewiessel duerch de Kader, dee mer eis ginn. D'Gesetz, do steet insgesamt de Pourcentage, déi 55 % Reduktioun bis 2030, an och d'Klimaneutralitéit - dat ass nämlech den zweeten Deel och vun der Äntwert -, dat heescht d'Trajectoire, wéi se muss weidergoe bis 2050. De Kader steet also am Gesetz, a wéi dat méi genee ze definéieren ass, zum Beispill vun 2021 bis 2030, dat geet iwwert de Règlement grand-ducal, den eis sektoriell Ziler gëtt.

An do ass et dann de facto och esou, dass am Kader vun deem Opstellen - an dat ass jo a Kohärenz mam PNEC geschitt, well de PNEC jo d'Basis ass fir eis Ziler vun de 55 % Reduktioun - eisen Emissiounsbudget iwwert déi zéng Joer laut Klimagesetz 63,7 Milliounen Tonnen CO<sub>2</sub> wieren, déi sech dann op déi fënnf Secteure verdeelen, a pro Sektuer hu mer do en Emissiounsbudget errechent. Ech soen Iech elo: Industrie de l'énergie et manufacturière, Constructioun, dat wieren 3,5 Milliounen Tonnen CO<sub>2</sub>, Transport 41. Dir wësst, den Transport ass eise gréissten Deel. Dat kënnt Der alles noliesen.

An dann zur Erklärung nach: Am Moment ass ... A Lëtzebuerg huet do virgegraff, well mer gesot hunn, mir hätte gare kloer Ziler pro Sektuer, souwuel fir d'Landwirtschaft, wéi fir de Bau, wéi och fir, zum Beispill, den Transport, fir dass eeben dat doten net geschitt, fir dass mer graduell erofginn an dass mer eis e Budget ginn an dass mer den och uerdentlech kënne kontrolléieren.

An déi 63,7 Milliounen Tonnen CO<sub>2</sub>, do si mer an der Ambitioun. Well den zweeten Deel, den Der eis sot, dat ass den, datt vill ONGen, an och den IPPC a sengem Rapport 2018, gesot hunn: „Mir hunn nach e Reschtbudget vun ...“ An dat wär jo d'Approche, wa mer einfach e globale Budget huelen - an duerno kommen d'Politicke ran -: Wéi gëtt dee verdeelt?

Wat mir zu Lëtzebuerg gemaach hunn an dësem Fall, ass, dass mer am Kader vum Klimagesetz gesot hunn: 55 %. Do ware mer méi schnell wéi d'Europäescher Unioun. Dir wësst, Lëtzebuerg ass en Deel vun der Europäescher Unioun an d'Europäesch Unioun gëtt hiert Zil gemeinsam of. Also ass et och eng Verdeelungsfro innerhalb vun der Europäescher Unioun.

Lëtzebuerg, an dat ass dat, wat mer am Moment am Package „Fit for 55“ diskutéieren ... An Europa si mer am Moment amgaangen, tëscht de Staaten ze kucken: Wie mécht wat? Wéi geet eisen Emissiounshandel? Wéi een Deel ass dat? Den ITS? Wéi een Deel maache mer iwwert den Effort Sharing? Dat ass eisen eegenen Deel, dee mir heiheem musse maachen. An do hu mir 55 % elo schonn uginn. D'Europäesch Unioun hätt eis do elo mol 50 % an hirem Virschlag operluecht.

Dann hätte mer en Emissiounsbudget, dat hunn ech och nogekuckt, vu 66,6 Milliounen Tonnen. Dat heescht, mir sinn e Stéck wäit méi ambitiéis. Mir hunn och d'ailleurs net gewaart, bis dee Klimabudget vun der Europäescher Unioun ënnerwee wier beziungsweis bis den elo gestëmmt ass, well d'Klimakris, déi waart net, bis mir alles färdig handelt hunn. Mir mussen haut aktiv ginn!

Netdestotz muss ee soen, wann ech dann op den zweeten Deel vun Är Fro aginn: Ass dat esou gerecht? Dat ass schwierig ze soen. A ce stade kënne mer feststellen: Wéi d'Europäesch Unioun hir Propos iwwerschafft huet an en Assessment gemaach huet, hu se gesot: „Dat doten ass eise Bäitrag, fir de Paräisser Accord ze erreechen.“ Dee Moment, wou den Assessment gemaach gouf, gouf säitens engem Thinktank wéi Carbon Tracker gesot, dass d'Europäesch Unioun „almost on track“ wär. Hautzudaags geet ee vläicht éischter dovun aus, dass mer nach mussen e Schrëtt zouleeën an dass mer „insufficient“ wäeren.

Fakt ass awer, an dat däerfe mer an där ganzer Debat vum Budget oder Netbudget ... Dobäi, Här Galles, hunn ech e ganz grouss Favour, fir eebe ganz kloer ze soen: Mir mussen esou an esou erofgoen. An dat ass genee dat, wat mer hei zu Lëtzebuerg als Regierung an och mat der Chamber beschloss hunn: dass mer eis do net bis zum Schluss alles opspueren a soen, no eis missten d'Leit sech ustengen, mee dass

mer konstant erofginn, dass mer pro Sektuer och eng Previsibilitéit hunn. Wat muss wien alles maachen? Dat hu mer elo bis 2030 beschloss.

Ob mer do nach en Héff méi maache mussen, dat ass déi Diskussioun, déi d'Regierung - an de Premier huet dat am État de la nation jo annoncéiert - mam Klimabiergerrot och beschwätzt, well mir haut schonn e Reduktionszil fir 2030 vu 55 % en vigueur hunn zu Lëtzebuerg.

De Règlement grand-ducal zu dem sektoriellen Zil, do hu mer elo en Avis vum Staatsrot. Dat heescht, dee wäert och elo gläich do sinn. Dat heescht, dann hu mer de Kader op jidde Fall prett, fir eebe grad déi budgetär Approche ëmzesetzen.

An déi Fro, déi dohannert kënnt, ass déi: Gi mer eis dann als Gesellschaft domadder zefridden, well mer jo awer pro Kapp och nach héich Emissiounen hunn? A genee den Dialog ... Wat wëlle mer als Gesellschaft méi maachen, fir awer nach der Gerechtegkeetsfro méi no ze kommen? Wéi kréie mer déi Fënnforeszyklen, déi jo am Häerz vum Paräisser Accord sinn? Ech weess nach, wéi mer dee handelt hunn, hu mer gesot: „D'Technologien entwéckele sech. Mir wäerten no an no ëmmer méi propper ekonomesch Acteuren, Industrië kréien, méi eng propper Landwirtschaft, wou man mer Emissiounen sinn. A mir wäerten och no an no ëmmer méi onofhängeg ginn duerch erneierbar Energien.“

An dofir hu mer gesot, fir eeben den Drock héichzehalen: „Majo kommt, mir kucken am Paräisser Accord net nëmmen - mer hu jo och dräi Deeler am Paräisser Accord -, d'Reduktioun vun den Emissiounen, d'Upasungen, de Klimawandel an eis Finanzen on track ze bréngen. Mee een Deel ass: Wéi maache mer dat? Majo, mat Fënnforeszyklen!“

An dofir wäerte mer eis och op der nächster Klimakonferenz an och hei zu Lëtzebuerg, wou d'Diskussioun am Klimabiergerrot ass, an deene nächste Joren domat beschäftegen: Ginn déi 55 % Reduktioun duer? Dat ass e politesche Konsens, den et hei gouf. Oder mussen mer nach e Stéck méi maachen? E Stéck méi, fir eebe grad - an dat seet eis ...

*(Signal sonore d'un portable)*

... d'Wëssenschaft: Mir mussen eis e bësse méi ustengen! - net nëmmen ënnert den 2 Grad ze bleiwen, mee och d'1,5 Grad-Zil ze erreechen.

Ech mengen awer selwer, dass an dësem Fall Lëtzebuerg eng gutt Basis virschaffen huet. Mir verschréissen eis do op alle Fall kengen Diskussiounen, wann et drëm geet, no an no an iwwert d'Zäit am Kader vun de Fënnforeszyklen nach méi no un eng méi gerecht Verdeelung erunzekommen.

Well eent ass ganz sécher: Si wäerten net waarden. D'Klimakris waart net. Déi gëtt am Moment verstärkt, jee méi Emissiounen mir maachen. An dofir ass et mir perséinlech och extrem wichteg, dass mer och hei zu Lëtzebuerg weiderfuere mat der Ëmsetzung vu Klimapoliticken, och a méi schwierigen Zäiten.

An domadder wëll ech Iech en häerzleche Merci fir Är Fro soen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Dieschbourg. An ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zréck un den Här Paul Galles fir eng Zousazfro.

**M. Paul Galles** (CSV) | Jo, merci villmools, Här President. Och merci der Madamm Ministesch fir hir Äntwerten. Ech hunn eigentlech nach zwou Froen, déi sech aus deem erginn, wat si elo gesot huet.

Déi éischt ass nämlech: Dir hutt elo dovu geschwat, dass de Moment iergendwann eng Kéier kënnt, an



deem een d'Evaluatioun mécht: Si mer elo wierklech on track? Packe mer déi 55 %? Vläicht kënn Der mer nach dozou e Wuert soen, wéi dat ongeféier wäert ausgesinn, also wéi, op wat fir engem Niveau déi Entscheedung wäert getraff ginn.

An dann déi aner Fro, déi ech mer gestallt hunn: Wann een tatsächlech elo vun 63 oder vu 67 Milliounen schwätzt, dat sinn nach relativ héich Zuelen, ech hu mech do elo gefrot, wann ... Ech sinn opgrond vun deem, wat ech gelies hat, ëmmer vun deene 400 Gigatonnen Ausgang, déi d'gesamt Weltgemeinschaft nach zegutt hätt. Dat ass natierlech elo mathematesch relativ schwéier ze rechnen, mee wa ech mech do elo froen: Wat bedeiten dann déi 63 oder 67 Milliounen Tonnen? Ass dat net awer on track zum 2 Grad-Zil an net zum 1,5 Grad-Zil? Dat ass e bësse meng Fro.

An da géif sech jo déi Fro stellen hannendrun: Wat bedeit dat dann herno fir eng Definitioun vun eisen Ziler?

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Galles. An d'Wuert geet zrëck un d'Madamm Dieschbourg.

**Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable |** Jo. Bon, ech hat dofir versicht, och de Bou ze schloen zum europäesche Volet, well d'Europäesch Unioun, déi ass scho méi evaluéiert wéi verschidden eenzel Memberstaaten.

Deemools, wéi déi 55 % gerechent op d'Europäesch Unioun avancéiert goufen, gouf ëmmer gesot: „Dat dote geet bal duer oder mat ganz lichter Verbesserung duer fir d'1,5 Grad-Zil.“ Et wär esou - an dat soen net ech, dat huet an deem Moment de Climate Action Tracker gesot -: Haut wär e vläicht schonn erëm méi pessimistes, mee dee Moment, wou d'EU hire Virschlag gemaach huet - an dat liesen ech elo vir -, „the new target is rated as 'Almost sufficient'. The 'Almost sufficient' rating indicates that the EU target in 2030 is not yet consistent with the Paris Agreement's 1.5 °C temperature limit but could be, with moderate improvements. If all countries were to follow the EU's approach, warming could be held below - but not well below - 2 °C.“

Dat heescht, dee Moment, wou deen Assessment gemaach gouf, gouf gesot - a Lëtzebuerg ass Deel vun der EU -: „Mir hunn elo am Effort Sharing an der EU ...“ Et gouf an der EU gesot: „Voilà, Lëtzebuerg soll 50 % vu sengen Emissiounen reduzéieren.“ Dat gëtt gerechent iwwer verschidde Schlüsselen. Mir wëssen allegueren, dass Lëtzebuerg héich Emissiounswärter huet. Lëtzebuerg hat awer net gewaart, bis den Effort Sharing fäerdeg wier a mir hunn eis Ambitioun op 55 % gehéicht.

Dat heescht, et ass eng tricky Fro, Dir hutt dat och gesot. Dat ass dee Budget, dee sech aus där Calculatioun ergëtt - dat hunn ech Iech elo virdru virgerechent -: Laut Klimagesetz si 55 % 63,7 Milliounen Tonnen CO<sub>2</sub>, an déi deele mer op déi eenzel Secteuren op. Do hu mer jo och e Pourcentage pro Secteur.

Dofir ass Är Fro „Geet dat duer oder geet dat net duer?“ Warscheinlech wäerte mer méi Efforte musse maachen. An dat ass och ee vun de Grënn, well mer jo wëssen, dass dat mindestens 55 % sinn, fir eebe grad d'1,5 Grad-Zil net ze iwwerschreiden, firwat de Premier am État de la nation de Klimabiergerrot mataberuff huet, well mer einfach soen: Do brauche mer och e gesellschaftleche Konsens hei zu Lëtzebuerg. An an der EU brauche mer natierlech och e Konsens zu deem Zäitpunkt, wou ee géif beschléissen, am Kader vun den nationale Kontributiounen, déi mer am Kader vun de Klimakonferenzen dann och maachen, ob mer dann tatsächlech do nach eropginn.

Ech kann Iech awer soen, dass an deene leschte Joren d'Europäesch Unioun laang Zäit Virreider mat 40 % Reduktioun war. Dat war nach bis viru kuerzer Zäit de Fall. Duerch d'Klimagesetz hu mer eng 55 %, si mer eropgaangen.

Ech selwer sinn der Meenung, dass mer kënne laang iwwer Zuelen a Budget diskutéieren, an ob dat dann elo richteg oder falsch ass. Ech mengen awer, dass et vill, vill méi wichteg ass, dass mer de Leit de Mutt ginn, dass mer gemeinsam e Switch maache Richtung emissionsfräi Mobilitéit, Onofhängegkeet am Beräich vum Hëtzes, am Beräich Wunnen an dass mer ... Mee ech kann Iech awer gären och nach eng Kéier Zuele weisen. Mee d'Chamberskommissioun huet dat doten eigentlech, wéi mer d'sektorieel Ziler virgestallt hunn, laang a breet diskutéiert. Do hu mer a sech déi eenzel Secteure virgestallt.

D'Gerechtgkeetsfro bleift, an déi ass immens schwieereg ze beäntweren, well mer do, souguer och, wa mer d'Zuele vun den ONGen a vun allen Acteuren ... Dir kënnt eng absolutt Zuel soen an duerno ass et awer eng Saach vu Verhandlung tëschent deenen eenzele Länner a Staaten, déi gemeinsam e Klimazil erreeche wëllen. A Lëtzebuerg gehéiert do zu Europa. A mir versichen do ëmmer, op der Säit vun den Ambitiéisen ze bleiwen. An dohier, mengen ech, ass et och net inkonsistent, dass mir eist Zil schonn e bësse méi héich gepusht hu wéi dat, wat d'Europäesch Unioun eis als eist eege Lëtzebuerger Zil operleet, och well mer wëssen, dass mer eng grouss Responsabilitéit hunn.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci der Madamm Umweltministesch.

## 7. 7874 - Projet de loi concernant l'interopérabilité des systèmes de télépéage routier et facilitant l'échange transfrontière d'informations relatives au défaut de paiement des redevances routières dans l'Union européenne

Mir kommen elo zum Projet de loi 7874 iwwert d'Interoperabilitéit vun den elektronische Mautsystemer an der EU.

An d'Madamm Rapportrice steet scho prett fir de Rapport. Madamm Chantal Gary, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

**Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice |** Här President, léif Kolleginnen, Här Minister a Kolleggen, beim Projet de loi 7874 geet et ëm d'Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv 2019/520 iwwert d'Interoperabilitéit vun den Télépéage-Systemer an den europäesche Memberstaaten an d'Veereinfachung vu grenzüwwerschreidendem Informationsaustausch beim Netzeuele vu Stroossennotzungskäschten.

Dës EU-Direktiv remplacéiert och d'Virgängerdirektiv vun der Interoperabilitéit vun 2004. Et geet deemno net ëm d'Aféiere vun enger obligatorescher elektronischer Stroossemaut, oder och Peage genannt, mee prioritär, wéi gesot, ëm d'Ausweidung vun den Interoperabilitéitsvirschrëfte fir déi eenzel national Mautsystemer, déi et elo scho gëtt oder déi an Zukunft nach kënne bäikommen.

Dës Direktiv gräift also net an d'Autonomie vun de Memberstaaten an. D'Memberstaate si weiderhi fräi, fir selwer ze decidéieren, ob se eng Maut aféiere wëllen, a falls jo, fir wéi eng Zonen a mat wéi engem Tariffsystem.

D'Direktiv definéiert awer e generellen EU-System, de sougenannte „Service européen de télépéage“ oder

ofgekierzt SET, dee souzesoen en harmoniséierten, mee complementair Mautsystem zu den nationale Systemer ass.

En zweete Volet aus dëser Direktiv viséiert d'Anbieter an d'Prestataire vu Peagesystemer fir zum Beispill verschäerften Informations- a Käschtentransparenz-reegele vis-à-vis vun de Clienten.

An e weidere wichtige Volet, dee mat dëser Direktiv nei derbäi kënnt, betrëfft den effikassen Informationsaustausch tëscht den EU-Memberstaaten zu de Gefierer an hire Proprietären oder Notzer, wann an engem anere Memberstaat d'Peagegebühren net bezuelt goufen. Dat ass wichteg, fir dass dës Zomme grenzüwwerschreidend agefuert kënne ginn a fir dass identesch Konditiounen fir d'Memberstaaten a fir d'Notzer gëllen, grad och am kommerziellen Transportberäich fir Bus- oder Speditiounsfirmer.

Dës Direktiv gëllt natierlech och fir Länner, déi aktuell keng generell Stroossemaut erhiewen, esou wéi zum Beispill Lëtzebuerg. Ganz onbeträff si mer awer net, well Lëtzebuerg jo eent vu véier Länner ass - niest Dänemark, Holland a Schweden -, déi den Eurovignette-System applizéieren.

An dës Länner mussen all d'Gefierer ab zwielef Tonnen zoulässegt Gesamtgewicht fir d'Benetzung vun eenzelnen Deeler vum Stroossereseau eng elektronesch Vignette, also e Forfaitbetrag bezuelen, deen awer en fonction vun der Ofgaspollutioun variéiert. Zu Lëtzebuerg sinn déi betreffen Eurovignette-Stroossen eis Autobunnen.

Mam Vott vum virleiende Projet de loi wäert d'Lëtzebuerger Steierverwaltung deemno an Zukunft och all net zu Lëtzebuerg usässege Spediteur kënnen a sengem EU-Ursprungsland porsuivéieren, wa seng Eurovignette net bezuelt gouf.

D'Virgängerdirektiv vun 2004 gouf am Joer 2007 per Règlement grand-ducal zu Lëtzebuerg an d'nationaalt Recht ëmgasat. Well d'Regierung bei dëser neier Direktivëmsetzung all Insecurité juridique vermeide wollt, well eenzel nei Dispositiounen laut eiser Verfassung wuel ënnert d'Matière réservée à la loi falen, ass een dës Kéier op de Wee vun enger Ëmsetzung per Gesetz gaangen.

Wichteg ze erwänen ass an deem Kontext och nach, dass dës Direktiv vun 2019 och virgesäit, dass zousätzlech EU-Texter a Form vun Actes délégués an Actes d'exécution eenzel technesch Normen, Prozeduren a Krittäre kënne preziséieren.

Éischt Texter sinn hei zum Beispill de Règlement d'exécution Nummer 2020/204 an de Règlement délégué Nummer 2020/203, déi awer als EU-Reglementer allebéid net mussen transposéiert ginn, mee direkt an alle Memberstaaten applikabel sinn.

Här President, ech géif mä Rapport mam Resümee vun den Aarbechten ofschléissen. Dës Projet de loi gouf de 25. August 2021 an der Chamber vum Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten, dem Här Bausch, deposéiert. Den Avis vum Staatsrot koum den 30. November 2021 an ass den 9. Dezember 2021 an der Sitzung vun der Kommissioun fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten analyséiert ginn.

Dësen éischten Avis hat vill Verbesserungsverschléi, mee keng Opposition formelle. Niefert dem Staatsrot huet och d'Chambre de Commerce en Avis ofginn, an deem se d'Ëmsetzung begréisst a keng inhaltlech Remark gemaach huet.

Eis Kommissioun huet an der Sitzung vum 9. Dezember véier Amendementer ugeholl. An den 3. Februar 2022 huet eis Kommissioun dunn en Avis complémentaire vum Staatsrot analyséiert an huet an der



nämmlecher Sitzung de Rapport, esou wéi ech en haut presentéieren, vum Projet de loi 7874 eestëm-meg ugeholl a proposéiert deemno och der Plenièr vum der Chamber, dëse Projet de loi unzuhuelen.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat dann och den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Rapportrice Chantal Gary.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Serge Wilmes agedroen. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Serge Wilmes (CSV)** | Villmools merci. Ech maachen et ganz kuerz. Merci der Madamm Gary fir hire Rapport, an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Wilmes. An d'Wuert geet weider un den honorabelen Här Max Hahn.

**M. Max Hahn (DP)** | Ma ech géif mech de Wieder vum Kolleg Serge Wilmes uschléissen an och der Rapportrice villmools Merci soe fir hir zwee Rapporten a géif dann och heimat den Accord gi vum der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Hahn. An da geet d'Wuert weider un den honorabelen Här Carlo Weber.

**M. Carlo Weber (LSAP)** | Jo, ech soen der Rapportrice, der Madamm Gary, och villmools Merci fir dee gudden, detailléierte Rapport. Et handelt sech hei ëm eng EU-Direktiv a mir ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Weber. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen (ADR)** | Merci, Här President. Ech géif dann der Madamm Chantal Gary en häerzleche Merci soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass alles gesot. Et ass näischt méi bäizefügen an ech ginn den Accord vun der ADR zu dësem Projet.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Engelen. An da wier et un där honorabelen Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Jo, idem wéi déi Riedner vu vir drun. Villmools merci fir dee gudden Rapport. A mir géifen och eis Zoustëmmung gi vum déi Lénk.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Och merci dem Chantal Gary fir dee flotte Bericht. Ech sinn haut eropkomm, well et eigentlech ee Punkt an eisem Programm betrëfft, deen eis ganz wichteg ass - an ech mengen, dat hate mer och eng Kéier an enger Motioun virun zwee, dräi Joer hei diskutéiert -, dat ass déi sougenannte Vignette, Maut, Telepeage, wéi mir se als Pirate gären hätten, fir géint de Klimawandel virzegoen. Well mir gesinn an där Basis, déi Dir haut wäert stëmmen - a mir stëmmen och derfir -, eng Méiglechkeet, fir an Zukunft vill méi geziilt Klimaschutzmesuren am Verkéier kënnen ze huelen, sief dat duerch den Telepeage oder duerch eng Maut.

Well am Moment si mer jo an engem Fall, dass esou vill Autoen hei zu Lëtzebuerg sinn - egal wéi een CO<sub>2</sub>-Ausstouss se hunn, egal vu wou se aus der Welt kommen - an net kontrolléiert gëtt, wat hiren Ëmweltimpakt ass.

Mat deem Gesetz haut maache mer awer de Wee fräi, dass mer - sollt eng Kéier de politesche Wëllen do sinn, a vun eis Piraten ass e ganz kloer do - higin a kucken, wat herno den CO<sub>2</sub>-Verbrauch ass, wat den Ëmweltimpakt ass, an deem an engem Telepeage oder enger Maut kënnen entgéintwierken, fir esou den Autosverkéier méi ëmweltfrëndlech ze maachen.

Dofir ass dat heiten e ganz wichtege Schrëtt a mir Piraten begreissen natierlech, dass haut och 60 Leit dat wäerte matstëmmen. An ech hoffe jo, dass déi 60 dann och iergendeng Kéier wäerten op de Wee goen, fir esou Telepeagen an eng Maut anzeféieren, fir géint d'Klimakris virzegoen, well soss géif et jo och wéineg bréngen, wa mer d'Gesetz fir d'Basis haut géife stëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier a Minister fir Mobilitéit, den Här François Bausch.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** | Merci, Här President. An och merci der Madamm Rapportrice fir hire gudden Rapport an den Deputéierten alleguer fir déi breet Zoustëmmung. An ech wëll dem Här Goergen just soen, dass déi ganz Fro vun de Mautsystemer an Telepeagen eng Diskussioun ass, déi an Europa scho laang leeft an dass Lëtzebuerg do ëmmer zimmlech bei deene war, déi derfir agefuerde sinn; ech schonn elo zënter aacht an engem hallwe Joer, mäi Virgänger Claude Wiseler och.

An ech kann Iech och soen, dass dat natierlech keng einfach Diskussioun ass an dass se awer iergendwou eng Kéier nëmmen e Sënn mécht, wann ee se europäesch vereenheetlecht kritt, well am Moment gëtt et esou vill ënnerschiddlech Systemer, dass d'Camionneure gläich net méi genuch Kabinn vir hunn, fir d'Automaten dranzehänken, fir all déi Peagen ofrechnen ze loossen.

Et gëtt entre-temps digital schonn nei technesch Méiglechkeeten a mir si ganz staark interesséiert. Mir sinn, ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, awer als Lëtzebuerg am Eurovignettësystem dran. Et ginn och vun de Camionneuren Taxe bezuelt. Dat ass awer net méi den Optimum. Dat ass gewosst. Mee de Moment gëtt et kee Land, wat den Optimum huet. An ech géif mer wënschen, dass mer eng Kéier en europäesche System kriterien, deen dat uerdentlech och digital géif vereinfacht ofrechnen an deen och deementsprechend géif Käschterechnungen droen, déi verursaacht gi vu Verschiddenen op der Strooss. Dat wär sécherlech am Sënn vun eis alleguer.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7874. Ier mer zum Vott kommen, wollt ech drun erënneren, ...

(Brouhaha)

... dass ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kënnen mat ofzestëmmen. Den Text steet am Document parlementaire 7874<sup>5</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7874 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmme a bei kenger Abstentioun ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7874 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Fernand Kartheiser) et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### 8. 7903 - Projet de loi modifiant la loi du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun de Mëtteg ass de Projet de loi 7903 iwwert d'Gestioun, den Accès an d'Verwendung vun den Eisebunnsstrukturen.

An d'Rapportrice vun dësem Projet de loi ass nach eng Kéier déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

**Mme Chantal Gary (déi gréng)**, rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, beim Projet de loi Nummer 7903, e Projet aus dem Beräich vun der Eisebunn, geet et ëm e puer kleng, méi noutwendeg an och dréngend Nobesserung bei der Ëmsetzung vun zwou EU-Direktiven aus dem ferrowiäre Beräich: der Direktiv 2012/34 an der Direktiv 2016/2370, déi déi éischtenannten Direktiv vun 2012 ëmgeännert huet.

Ech erlabe mer hei, vun e puer klengen Nobesserungen ze schwätzen, well et engersäits just ëm déi korrekt Ëmsetzung vu véier Artikelen a vun enger Annex vun der Direktiv vun 2012 geet an anerersäits ëm den Artikel 1 Punkt 8 vun der Direktiv vun 2016, a well dës Ännerunge majoritär Dispositiounen betreffen,



déi laut Ministère fir Lëtzebuerg keng Roll spillen an dofir bei der initialer Ëmsetzung ewechgelooss goufen.

D'Kommissioun huet dës Argumentatioun och zum gréissten Deel kënnen novollzéien an huet hir Awänn schlussendlech nach just bei véier vun den ursprénglech bemängelte 15 Artikelen plus den Avis motivé oprechterhalen. Noutwendeg an dréngend ass dëse Projet, well mer deemno op zwou lafend EU-Infraktiounsprozeduren reagéieren an op en Avis motivé.

Fir dës Drénglechkeet hat d'Regierung de Choix getraff, déi haut virleidend Ännerungen direkt iwwer e separate Projet de loi virzehuelen an net eréischt am Kader vun de Fusiounsaarbechte vun den zwee Gesetzestexten, mat deene mir zu Lëtzebuerg de politeschen an den techneschen Volet vum véierte Paquet ferroviaire ëmgesat hunn.

Déi ursprénglech Ëmsetzung vun den zwou EU-Direktiven, déi mer mussen nobesseren, fënnt sech zu Lëtzebuerg am Gesetz vum 6. Juni 2019 iwwert d'Eisebunninfrastruktur an den Eisebunnsmarché erëm. An deemno ass et och dëst Gesetz, dat mer mam Vott vum virleierende Projet ofänneren.

Méi Detailler zu deene vun der EU-Kommissioun bemängelten Dispositiounen an zu de proposéierte Modifikatiounen um Gesetz vum 2019 konnt Dir a mengem Schrëftleche Rapport noliesen.

An de grouse Linne geet et virun allem ëm d'Abanne vu Bestëmmungen iwwer Noutfallpläng bei gréisserer Stéierungen am Persounverkéier an dat nationaalt Recht an ëm d'Tarifikationsdetailler an entsprechend Prozeduren en vue vun enger besserer Wettbewerbsfäegkeet vum Eisebunnssystem an der EU an enger méi effizienter Notzung vum Eisebunnnetz.

Här President, ech géif mäi Rapport mam Resümee vun dësen Aarbechten ofschléissen. Dëse Projet de loi gouf den 21. Oktober 2021 an der Chamber vum Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten, dem Här Minister Bausch, deposéiert. Den Avis vum Staatsrot koum de 26. November 2021 an ass den 2. Dezember 2021 an eiser Sitzung analyséiert ginn.

Doropshin huet d'Mobilitéitskommissioun den 2. Dezember en Amendement ugeholl, fir de Remarken an der Opposition formelle vum Staatsrot Rechnung ze droen. Den 3. Februar huet d'Mobilitéitskommissioun dunn den Avis complémentaire vum Staatsrot analyséiert a festgestallt, dass d'Opposition formelle opgehewe gouf.

Nieft dem Staatsrot hunn och d'Chambre des Salariés an d'Chambre de Commerce en Avis ofginn. Den 10. Februar 2022 huet eis Kommissioun dunn de Rapport zum virleierende Projet Nummer 7903 eestëmmeg ugeholl a proposéiert deemno och der Pleniëre vun der Chamber, dëse Projet de loi unzehuelen.

Ech soen Iech nach eng Kéier Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat dann och den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Rapportrice Chantal Gary.

An als éischte Riedner ass nach eng Kéier den honorabelen Här Serge Wilmes agedroen.

### Discussion générale

**M. Serge Wilmes (CSV)** | Villmools merci. Ech maachen et wéi virdrun: Ech soen der Madamm Gary Merci fir hire Rapport an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Wilmes. An da wier et um honorabelen Här Max Hahn.

**M. Max Hahn (DP)** | Jo, tatsächlech, d'Rapportrice mécht engem et ganz einfach. Villmools merci fir déi zwee Rapporten, an ech géif dann och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ginn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Hahn. An da geet d'Wuert weider un den honorabelen Här Carlo Weber.

**M. Carlo Weber (LSAP)** | Jo, ech schlësse mech mengem Virriedner un, villmools merci der Madamm Gary fir déi detailléiert Rapporten - et handelt sech ëm eng EU-Direktiv -, a ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Weber. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen (ADR)** | Jo, och vun eiser Säit aus der Madamm Chantal Gary en häerzleche Merci fir dee Schrëftlechen a mündleche Rapport. Ech mengen, wéi virdrun, et ass alles gesot, an da brauche mer duerfir nëmmen nach d'Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Engelen. An da wier et un där honorabelen Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Merci, Här President. Et muss jo een e bëssen aus der Roll hei falen.

Här President, déi Lénk hunn d'Liberaliséierung vum Schinneverkéier an Europa vun Ufank u kritiséiert an hunn och systematesch géint all d'Gesetzesprojete gestëmmt, déi dës Liberaliséierung hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen.

Et wäert Iech dofir net erstaunen, datt mir och géint dëse Projet de loi wäerte stëmmen, och wann et just ëm kleng Adaptatiounen geet. Mir hu vun Ufank un d'Meenung vertrueden, dass den Zuchverkéier misst e Service public sinn a bleiwen. Nëmme esou kann e konsequenten Ausbau virgedriwwen gi mat héije Qualitéits- a Sécherheetsstandarden. An nëmme esou kënnen héichwäerteg Aarbechtsplazen op der Bunn geséichert ginn.

Et ass kee Geheimnis, dass de Bilan vun der Liberaliséierung bis elo zimmlech ernüchternd ausfällt. D'Offer ass net besser ginn, éischter de Géigendeel, virun allem bei de Fernzich ass et lamentabel. Wie schonn eng Kéier probéiert huet, vu Lëtzebuerg aus mam Zuch an eng europäesch Hauptstadt oder och soss eng Stad ze reesen, déi net grad Bréissel - an do och nach, wat d'Zäit an de Confort betrëfft - oder Paräis heescht, dee weess, vu wat e schwätzt.

Och bei den Aarbechtskonditiounen fir d'Eisebunner huet d'Situatioun sech just verschlechtert. « Un dumping social à la place d'emplois de qualité », esou huet d'CSL dat an hirem Avis formuléiert. Besonnesch absurd ass d'Auslagerung an d'Liberaliséierung vun der Gestéierung vun den Infrastrukturen. Ech zitieren hei de Generaldirekter vun der CFL, Marc Wengler, an engem Artikel vum „Lëtzebuerger Wort“ vum 25. Januar vun dësem Joer: „Seit Jahrzehnten gibt es keinen Beweis für die Annahme, dass mehr Konkurrenz und diese forcierte Trennung tatsächlich zu besseren Ergebnissen führen.“

Mir mengen also, datt et elo héich Zäit wär, d'Konsequenzen aus deem Echec ze zéien an déi gesamt Liberaliséierung, zumindest awer emol d'Liberaliséierung vun der Infrastruktur, esou schnell wéi méiglech erëm zrëckzehuelen. Et géif der EU sécher keng Zack aus der Kroun falen, wa se hir Feeler emol eng Kéier géif agestoen an hir Politik géif réckgäנגeg maachen.

D'Renaissance vun der Bunn an Zäite vum Klimawandel ass jo mëttlerwäit als politesch Prioritéit erkannt ginn. An da muss ee sech och déi néideg Instrumenter an d'Hand ginn. Mir kënnen eis et net méi erlaben, einfach drop ze hoffen, datt privat Acteuren iergendwann Loscht kréien, iergendwéi ze investéieren. Just eng direkt tëschestaatlech Kooperatioun ka beim Ausbau vum europäeschen Netz schnell an nohalteg Resultater bréngen.

Mir wäeren dofir frou, wann d'Regierung sech géif zu Bréissel fir e fundamentale Richtungswissel asetzen am Sënn vun de Passagéier, den Eisebunner, der europäescher Mobilitéit a virun allem der Bekämpfung vum Klimawandel.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Dat do ass jo elo en Theema, wat eis schonn e bësse méi laang begleet, an ech hat et och an der Kommissioun nach e puermol opgeworf. A well déi Lénk et jo elo nach eng Kéier ugefouert hunn, wollt ech et awer e bëssen nach méi anuerdnen.

Lëtzebuerg ass net de selwechte Prinzip an de selwechte Wee gaang bei der Liberalisatioun wéi aner Länner. An dat ass och ee vun de Grënn, firwat mir Piraten gesot hunn: „Ok, mir kënnen deen dote Wee matgoen“, an dass mer et och matstëmmen.

D'CFL huet hei e Sonderrecht kritt, fir dass déi Ausschreiwung direkt un d'CFL gaangen ass, soudass mer eiser CFL net direkt eng Konkurrenz maachen. Well wann dat esou de Fall gewiescht wär, hätte mir Piraten natierlech och direkt ganz kloer gesot: Dat maache mer net mat!

Mee doduerjer, dass awer hei e spezielle Fall ass, dee verhandelt ginn ass, och op europäescher Eebene, ass eis CFL aktuell net an der Riesegefer, fir muer do vun enger privater Entreprise ënner Drock ze kommen. An dat ass och ee vun de Grënn, firwat ee ka soen: Ok, dat dote kann ee matmaachen. Well de Virdeel ass, wa mer e Schinnennetz an Europa hunn, wat zimmlech oppen ass, dat mécht et och, dass nei Firmen eeben déi europäesch Zich kënnen asetzen.

Wa mer wëllen, dass an Europa Zich d'Haaptstied, d'Stied alleguerter matenee verbannen, da musse mer op e Wee goen, fir d'Schinnennetz op d'mannst e bëssen opzemaachen, fir dass déi do kënnen fueren. Dat heescht, dat heiten ass e richteg Schrëtt, mee et ass awer och e Schrëtt, dee mer als Piraten just kënnen ënnerstëtzen, well mer der CFL hei d'speziiell Konditioun ginn hunn, dass si kënnen weiderhin hei zu Lëtzebuerg den Operateur sinn, an dat och zu deene Konditiounen - sief et d'Gehälter, sief et sozial Konditiounen -, wéi dat bis elo de Fall war. Well ansicht hätt een dat Gesetz hei net kënnen matstëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier a Minister fir Mobilitéit, den Här François Bausch.

### Prise de position du Gouvernement

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** | Merci, Här President, der Rapportrice fir de gudden Rapport an och den Deputéierte fir hir Stellungnamen.



An ech muss soen, wéi ech der Madamm Cecchetti elo nogelauschert hunn, do hunn ech geduecht, ech wär an engem falsche Film, ...

(Interruption)

... respektiv ech mengen éischter, datt si an engem falsche Film ass an datt se den Text net richtig gelies huet, deen haut zur Ofstëmmung virläit. Well dat, wat se heidran interpretéiert, dat ass net dat, wat an deem Text steet, éischters.

Zweetens, wéi den Här Goergen et elo richtig erwänt huet, huet Lëtzebuerg eng Situatioun, déi weesentlech anescht ass wéi all déi aner ..., wéi vill europäesch Länner, well mer eng Direktvergab wäerte maachen als Lëtzeburger Regierung un den Exploitant CFL. An dat hu mer an der Lëtzeburger Präsidence precisement ausgehandelt, datt mer dat kënne maachen, well dat war virdrun net esou an den Texter virgesinn.

An drëttens ass et och esou: Wann ee Lëtzebuerg kuckt, da muss ee jo feststellen - do kann ech Iech awer genuch Zuele ginn oder ech hunn Iech schon oft genuch Zuelematerial geliwwert -, datt mir Rekordinvestitiounen maachen an den Ausbau vum Schinnennetz. Mir hunn entre-temps souguer an dem Pro-Kap-Investissement pro Joer d'Schwäiz iwwerholl. Dat heescht, mir si warscheinlech, wann ech géif emol kucken, souguer weltwäit ... Mir sinn zwar kleng, mir si bescheiden duerfir, mee mir kënten awer roueg weltwäit vergläichen, da géift Der gesinn, datt keen esou vill investéiert wéi mir.

Duerfir hu mir gesot ... Ech verstinn net esou richtig, wat hei sollt deen Award gewiescht sinn. Mee dat ass awer elo egal. Ech si frou, datt dat mat breeder Majoritéit gestëmmt gëtt. A fir de Rescht sinn ech gär bereet, eng Kéier méi eng detailléiert a länger Diskussioun iwwert d'CFL an iwwert d'Schinnennetz an Europa ze féieren. Dat ass ganz spannend an do gëtt et vill dozou ze soen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bausch.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7903. Den Text steet am Document parlementaire 7903<sup>6</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7903 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass bei 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Félix Eischen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc*

*Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 9. 7969 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1<sup>o</sup> modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2<sup>o</sup> dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail

Mir kommen elo zum Projet de loi 7969 iwwert de Congé pour raisons familiales. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An de Rapporteur vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale**

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | Merci, Här Président. Dir Dammen an Dir Hären, déi meescht vun Iech wëssen, dass dat deen éischte Rapport ass, deen ech hei an der Chamber dærf presentéieren. An ech gesti ganz gären an, dass ech mer ganz gären en aneren Dagerausgesicht hätt; en Dag, wou mer engersäits engem grouse Friddenskämpfer haut geduecht hunn, dem Jacques Poos, an op deem mer anersäits awer hu mussen zur Kenntnis huelen, dass an Europa erëm d'Waffe stinn. Émsou méi schwéier ass et dann, zur Lëtzeburger Dagespolitik zrëckzekommen.

Et hat eng Kéier ee gesot: „Fridden ass net alles, mee ouni Fridden ass alles näischt.“ Vlächit sollt dee Sproch eis drun erënneren, dass och, wann eis vill Saachen heibannen heiansdo auserneendividéieren, et awer vill méi Saache gëtt, déi eis verbannen.

De Projet de loi 7969 ass ouni Zweifel esou e Projet an huet als eenzeg Zil, déi grousszügig Reegelung, déi mer fonnt haten, fir Congé pour raisons familiales zougestoen am Fall vun der Pandemie, ze verlängeren.

Familljepappen oder Familljemammen - oder besser ëmgekeiert, well d'Praxis huet gewisen, dass et awer erëm d'Mamme waren, déi am meeschte concernéiert waren -, déi keng aner Méiglechkeet fannen, fir hir Kanner ze betrieen, kënnen also weiderhi vun dëser grousszüeger Reegelung profitéieren, fir doheem hir Kanner kënnen ze betrieen, vun der Aarbecht kënne fräigestallt ze ginn an trotzdem voll bezuelt ze ginn. Ech mengen, dass dat eppes ass, wou mer eis allegueren all Kéiers eens waren, wa mer et hei gestëmmt hunn. An haut gesäit et esou aus, wéi wann et och erëm esou wär. Déi betraffe Reegelung gëtt also hei ëm zwee Méint verlängert.

De Projet de loi ass de 17. Februar vum Aarbechsmi-nister deposéiert ginn. De Conseil d'État huet säin Avis den 22. Februar ginn. A sengem Avis hat de Staatsrot näischt um Fong aussetzen an huet just e puer geréngfügig legistesche Ännerunge virgeschloen, déi och allegueren vum der Kommissioun ugeholl ginn.

D'Kommissioun huet trotz dem Wiessel vun der Präsidentschaft an deem gewinnste konstruktive Geescht de Projet analyséiert a guttgeheescht an doriwwer eraus hiert Averstännis ginn, fir de Projet a kierzester Zäit ze evakuéieren.

An et war och net onwichtig, dass mer eis fläissen, well déi aktuell Reegelung - d'Sonderreegelung vum Congé pour raisons familiales - den 28. Februar ausleef. Well dëse Projet den 1. März soll a Kraaft treden, kënn et esou net zu engem Vide juridique, wat absolutt ze begrëssen ass. D'Lafzäit ass, identesch wéi dat aktuell allgemengt Covidgesetz, op den 30. Abrëll festgesezt ginn.

Dëse Projet de loi ass fir eis allegueren an där schwéier Zäit vun der Pandemie eng Selbstverständlechkeet am Interêt vun eise Familljen a vun eise Kanner. Am internationale Kontext ass en dat awer nach laang net, also nach laang net eng Selbstverständlechkeet. Och dat soll een eng Kéier hei soen.

Erlaabt mer nach zum Schluss, all deene Merci ze soen, déi mer bei der Redaktioun vum Rapport geholfen hunn, an den Accord vun der sozialistescher Fraktioun ze ginn. Merci villmools.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Rapporteur Dan Kersch.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här Président. Och merci dem Rapporteur fir seng Erklärungen. Et huet een d'Gefill, en hätt scho fréier mat esou Projeten ze di gehat. Dofir och him nach eng Kéier e grouse Merci fir déi Erklärungen. An d'CSV gëtt d'Zoustëmmung zu dësem Projet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Spautz. An da geet d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här Président. Ech soen dem Rapporteur och Merci a ginn d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hartmann. An da wier et um honorabelen Här Charles Margue.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Merci, Här Président. Merci och un den neigebuerene Rapporteur vun deene Gesetzer, déi e jo virdru selwer matgeholfen huet ze formuléieren. Ech ginn natierlech den Accord vun der grénger Fraktioun fir dee Projet, well et ass richtig a gutt, dass mer dat verlängeren. Mee mir sollen awer elo wannechgelift net naiv sinn: Bei zwou Questions parlementaires, déi ech dem Dan Kersch sengerzäit mat mengem Kolleg François Benoy scho gestallt hunn an där Saach, hu mer erausfonnt, dass de Congé pour raisons familiales trotzdem weesentlech méi vun de Fraen, vun de Mamme geholl gëtt, wéi vun de Männer, vun de Pappen also. Mir hunn dat an all Richtung héichgerechent an esou weider. Et ass definitiv de Fall. An an engem Secteur, deen zimmlech égalitaire ass, wéi de Finanzsektor, kënn nach ëmmer kloer eraus, dass dann duebel esou vill Frae wéi Männer de Congé pour raisons familiales huelen.

Mir froen dann och am Dag vun haut nach eng Kéier eng Fortsetzung do ze kréien, well am Ausland ass mëttlerweil erauskomm, dass, wa mer nach am Ufank,



während dem Confinement, eng zimmlech egalitaire Struktur tëscht Mammen a Pappen haten, dat sech awer mat der Zäit erëm, wéi soll ech soen, geluecht huet an d'Schéier auserneegaangen ass an da schlussendlech erëm méi Mammen dorobber zrëckgräifen.

Als Papp erlaben ech mer wirklech, en Appell ze maachen un all Pappen a Männer, wirklech e wéineg a sech ze goen, fir vläicht och an deem Punkt hir Eltereverantwortung méi ze iwwerhuelen a méi eng fair Aarbechtsdeelung mat hirer Partnerin, hirer Fra, mat der Mamm vun hire Kanner ze hunn.

Dann hoffen ech, dass och Patronen an déi grouss an déi kleng Cheffen och vläicht en anere Bléck kréien an net just hire Fraemataarbechter dat dann éischter gonnen, mee se sollen och vläicht d'Pappen encouragéieren an net drop zrëckgräifen: „Hei du kanns heibleiwen, mee bon, d'Mamm, dat versteet sech jo, déi muss méi no beim Kand sinn.“ Neen, och op der Aarbecht geet et drëm, e Klima ze schafen, wou et normal ass, dass e Papp doheem d'Verantwortung iwwerhëlt.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Charles Margue. An da geet d'Wuert weider un den honorablen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Ech wëll dem Här Dan Kersch en härezeleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass alles gesot. Et geet em eng Verlängerung vun engem besteende Gesetz ëm zwee Méint. An ech ginn den Accord vun der ADR zu deem Gesetz.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. An dann ass et un där honorabler Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, merci. Vun eis aus och den Accord zu deem Gesetz. An ech kann nëmmen dem Här Charles Margue Recht ginn a senge Bemierkungen. Et ass ganz wichteg, datt mer en A drop hunn an datt mer och jonk Männer a Pappen encouragéieren ze froen an datt d'Betriben och de Courage hunn, dee Congé ze ginn, well nëmmen esou komme mer zesummen als Gesellschaft virun.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Et muss ongewinnt si fir den Här Kersch, fir eng Kéier als Éischte bei esou engem Projet ze schwätzen an net als Leschten. Dat nämmleche wäert dann herno och fir de Minister de Fall sinn. Gratulatioun fir den éischte Rapport, Dir hutt e mat Bravour gepackt. E war ganz komplett, souwuel schrëftlech wéi mëndlech.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Sven Clement** (Piraten) | An domadder gi mir och eisen Accord.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert. „Die Letzten werden die Ersten sein.“ Den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Jo, merci. Effektiv ass et ongewinnt. Felicitatioun dem Dan Kersch fir

säin éischte Rapport. Merci och der Flexibilitéit vun der Aarbechtskommissioun, dat ass eng gutt rodéiert, gutt zesummeschaffend Kommissioun, déi den Dan Kersch do konnt esou als President iwwerhuelen.

Effektiv ass et e Gesetzesprojet, dee wichteg ass. Et ass eng Verlängerung, Dir wësst et. Et ass keng Selbstverständlechkeet a ville Länner. Hei zu Lëtzebuerg ass et quasi eng Selbstverständlechkeet, fir de Familien an de Kanner esou ze hëllefen. An effektiv bleift nach vill ze di bei der Gläichstellung, bei der Rolleverdeelung tëschent Mann a Fra. An duerfir kann ech dem Här Margue a senge Proposen och do nëmme Recht ginn, dass mer do nach vill ze dinn hunn. An duerfir musse mer et och upaken.

An ech soen der Chamber Merci fir d'Zoustëmmung vun deem Gesetz.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Aarbechtsminister Georges Engel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7969. Den Text steet am Document parlementaire 7969<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7969 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmeen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 10. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet de la détention et rétention du foncier constructible

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert de Besëtz an d'Retentioun vum Bauterrain, déi d'Sensibilitéit vun déi Lénk ugefrot huet. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Marc Lies, den Här

Max Hahn, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Semiray Ahmedova, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Marc Goergen.

An d'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis als Verriederin vun der politescher Sensibilitéit déi Lénk. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, villmools merci, Här President. Fir d'éischt loosst mech nach eng Kéier e Gedanken äusseren iwwert d'Situatioun an der Ukrain. Et ass eigentlech op esou engem Dag immens schwéier, sech iergendengem anere Sujet ze widmen, fannen ech. Et geet Iech bestëmmt änlech Et ass schwierig, iergendwéi grad un eppes anescht ze denken. Mee bon, mir hunn eis eegen hausgemaachte Krisen, wéi Der wësst, ënner anerem d'Wunnungskris. An do, wou mir gesinn, dass ëmmer méi Stëmme haart ginn an den Term Kris, Wunnungskris och benotzen, stelle mir awer ëmmer erëm fest an deene leschte Joren, obwuel dësen Term ëmmer méi benotzt gëtt, dass awer déi adequat a konsequent Mëttelen an Instrumenter, déi fir dës Kris néideg wieren, net benotzt ginn.

Säit Joren ass d'Ausmooss vun der Logementskris gewosst, a wäertvoll Recherchen an Analysé confirméieren eis ëmmer erëm dës Phänomene, sief et iwwert de Besëtz vu Bauland, Strategië vu groussen Terrainsbesëtzer a Promoteuren, Präisentwicklungen oder elo kierzelech och d'Auswierkunge vun der Steuer- an Aidépolitik vum Staat.

D'Donnéeë kommen notamment, wéi Der wësst, vum Observatoire de l'habitat, deen am Optrag vum Logementsministère schafft. Mir stellen awer leider fest, dass zu Lëtzebuerg dës Recherche-Aarbecht wéineg an d'politesch Debatt afléisst. Am Logementsberäich ass dat besonnesch frappant. Obwuel d'wëssenschaftlech Erkenntnisser sech duerch all dës Analyse säit Jore verfeinere, ginn dës nëmmen an de seelenste Fäll och als Grondlag an Input fir politesch Debatten hei an der Chamber genotzt.

Dës wëssenschaftlech Aarbechte ginn awer grad dofir gemaach, fir gesellschaftlech Debatten unzuekerbelen an ze fideren a grad och op Problemer a Léisungen hinzewisen.

An eiser Aktualitéitsstonn haut geet et eis genee dorëms. Mir wëllen iwwert d'Erkenntnisser vum Observatoire diskutéieren. Mir wëllen dat seriö an am Fong maachen a wëllen och e puer Propose presentéieren.

D'Promoteurs- an d'Patronatsverrieder sinn an de leschte Méint deelweis aneschtens virgaangen. Si hunn d'Auteurs vun dësen Etüden dacks dekredibiliséiert. Dobäi fällt op, dass an dës Kreesser d'Iddi propagéiert gëtt, dass d'Promoteuren eigentlech beschte Wëllens wieren. Et wier de Staat mat senge Prozeduren, dee verhënnere géif, dass méi séier gebaut gëtt oder dass et d'effentlech Hand wier, déi hir Terrainen net géif bebauen.

Béides ass sécherlech net ganz vun der Hand ze weisen, mee an éischter Linn schéngt dat awer eng Taktik ze sinn, fir déi eege Verantwortung auszeblenden.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi éischt Ausso vun de Chercheuren ass, datt et zu Lëtzebuerg eng enorm héich Konzentratioun beim Besëtz vu Bauterraine gëtt. Dëst kann ee mat folgenden Zuelen ënnermauern:

Ronn 84 % vun den Terrainen zu Lëtzebuerg fir ze baue sinn a privater Hand. Nach ëmmer sinn et e puer Privatpersounen, déi de Gros vun den Terrainen an der Hand hunn, an zwar 64,2% vum Baupotenzial.



Et ass eng immens kleng Minoritéit, zirka 0,1 % vun de Privatpersounen zu Lëtzebuerg, deene 50 % vun den Terrainen, déi am Besëtz eebe vun deene Privatpersounen sinn an déi fir residentiell Zwecker benotzt kënnen ginn, gehéieren.

20 % da vun de Bauterraine gehéiere Promoteuren, a bei där Grupp ass de gréissten Zouwuess tëscht 2016 an 2021 ze beobachten. D'Konzentratioun ass enorm héich an hält vun 2016 bis 2021 weider zou, besonnesch bei de Promoteuren, wou zéng Entrepris 50 % vum Terrain vun all de Sociéiteiten hunn. Wat den Terrainsbesëtz méi héich ass bei engem Acteur, wat en och méi wäertvoll Terrainen huet. Also d'Filetsstécker vun engem Bauterrain gehéieren ëmmer enger méi klenger Grupp vu besonnesch finanzstaarken a mächtege Promoteuren.

Staat, Gemengen a Fonge verzechnen dann och e klengen Zouwuess, mee si hu weider mat 13,5 % just e klengen Deel vun den Terrainen, déi bebaubar sinn, respektiv fir residentiell Zwecker ze benotze sinn.

D'Fro, déi sech heizou stellt an déi jo deelweis fir esou grouss Opreegung och an de Medie bei där klenger Minoritéit vu groussen Terrainsbesëtzer gesuergt huet, ass: Hu mir et hei mat „Land Banking“ oder mat „Land Hoarding“ ze dinne? Ginn also iwwerméisseg Terrainen ugeheeft? A steet dës Unheefung dann och a Relatioun zu der Zuel vu Logementen, déi um Enn dann och do erauskommen?

Ech denken awer, dass Termen u sech net wichteg sinn. Mee wat wichteg ass, ass, de Phenomeen hannendrun ze erkennen. Et kann een awer soen, dass Promoteuren Land Banking bedreiwen, well se e Stock un Terraine brauchen. Alles, wat also iwwer esou e Stock erausgeet, gëtt als Land Hoarding - englesch Termen, entschëllegt dofir - bezechent. Egal vu wéi engem konkrete Fall een elo schwätzt - Land Banking oder Land Hoarding -, fir eis ass et kloer: Béides sinn onverschimmt lukrativ Praktiken.

Well, wéi ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg? E Promoteur, deen op 10 Hektar Terrain setzt, ass eigentlech mat Zoossiss ugestréckt. En huet en enorm héije Wäert, dee sech all puer Joer verduebelt. Op deem Wäert opbauend, kann en Terrain bäikafen. Dës erkläert och déi wuessend Konzentratioun vun dem Terrainsbesëtz: Grousser ginn ëmmer méi grouss, klenger hunn e schwéiere Stand a kënnen eigentlech net matbidden. Wat d'Präisser weider klammen, wat och verstärkt d'Promoteuren aus den Nopeschlänner mat nach méi Finanzkraaft an de Marché eraklappen. Dat ass déi Dynamik, déi d'Chercheuren eis confirméieren.

A si mer éierlech: Ob dës Terrainen elo genotzt gi fir de Wunnensbau oder net, e Stéck Terrain, deen een haut keeft an an zéng Joer mat Logementen drop verkeeft, geet zum Marchéspräis fort, deen an zéng Joer eeben do ass. D'Renditt ass also onerhéiert héich an dës bréngt nei Investoren op de Plang, déi Logementen zu dese Präisser reng als Spekulationsobjekt kafen. De Leerstand ass och eng Konsequenz vun där Entwécklung.

D'Zuele vum Observatoire weisen eis och, dass d'Privatsociéiteiten hiren Terrainsbesëtz an de leschte sechs Joer carrement verduebelt hunn. Mir wëssen net, wéi et an de Jore virdru war, mee ech gi mol dovunner aus, dass dës Entwécklung net eréischt 2016 ugefaangen huet.

Déi gréisst Privatpromoteure fanne sech am Top 10 vum Klassesment vun de gréisste Grondbesëtzer erëm. Dat sinn - Dir wësst et sécherlech - Arend & Fischbach, de Grupp Giorgetti, Tracol an och Stugalux.

D'Zuele vum Statec weisen awer, dass d'Produktioun vu Logementen pro Joer erstaunlech stabel bliwwen ass. Se ass haut ongeféier esou héich wéi an de Jore virun 2008. D'Demande u Logementen huet säit deemools awer weider zougeholl, d'Produktioun awer net, sou dass haut fir zwee nei Menagen am Schnëtt eng Wunneng gebaut gëtt. D'Produktioun vu Logementen ass net entscheidend eropgaangen, obwuel an deem Zäitraum gigantesch Fläche Bauterraine vun e puer décke Fësch am Promoteursweier ugeheeft gi sinn. Dat sollt eis ze denke ginn.

D'Chercheuren erklären eis an hirer Etüd aus dem Juli 2021, dass dës Entwécklung an dës Praktiken, egal wéi ee se elo bezechent, d'Konsequenz si vun enger steierlecher e reglementarescher Landschaft, an déi d'ëffentlech Hand bis ewell net konsequent an zillféierend agegraff huet an agräift.

Et ass also d'Passivitéit vun den ëffentlechen Acteuren, déi zouléist, dass déi Déck ëmmer méi déck ginn, wann een esou wëll soen. Et ass bal, wéi wann eng Loi du plus fort, wann Der wëllt, an eiser Wunnengssituatioun géif herrschen. Et ass des Weidere kloer eng Steierlandschaft, déi den Invest an de Logement, Dir wësst et, encouragéiert, an dat dierft haut net méi esou sinn. Do, wou dës steierlech Mesuren an den 90er Jore dozou do waren, fir dass eebe Privater sollte bauen, wësse mer, dass dat haut Deel vum Problem ginn ass.

D'Chercheure schreiwe vun engem ëffentlechen Desengagement, wat ganz schlëmm ass am Hëllef op d'Kris an am Hëllef op d'Verantwortung vun den ëffentlechen Acteuren. Des Weidere wier hirer Analys no zu Lëtzebuerg de regulatorischen Apparat dem Privatmarché quasi de facto ënnergeuerdent.

Dat ass alles net nei, mee mir mussen et hei soen, mir mussen et ënnersträichen a widerhuelen, well et kann net sinn, dass déi ëffentlech Acteuren hir Verantwortung am Kontext vun esou enger Kris net genuch droen. Déi vill an ëmmer erëm virbruecht Excuse vu Promoteure selwer, mee och vu verschiddene Politiker, dass et administrativ Hürde wieren, déi Projete géife retardéieren, loosse mir net gëllen. Se gëtt och vun de Chercheuren net ugefouert.

Mir gesinn dat als eng Oflenkung vun der politescher Verantwortung. Dat heescht awer net, dass een d'Liewe vun de Maître-d'ouvrages net geziilt vereinfache soll, ouni dobäi awer Prozeduren ze verbesseren. D'Aféierung vun engem Guichet unique gesi mir hei als een interessant Element, fir d'Situatioun ze verbesseren. An ech ginn dann dozou och eng Motioun eran.

### **Motion 1**

*La Chambre des Deputés,*

- *considérant le nombre important de demandes d'autorisation devant être présentées dans le cadre de projets de construction immobilière a plusieurs autorités étatiques et communales ;*

- *considérant les charges administratives importantes incombant ainsi aux maîtres d'ouvrage dans le cadre de la procédure d'autorisation de projets de construction immobilière ;*

- *considérant qu'une intégration transversale des démarches administratives à entreprendre dans le cadre de projets de construction immobilière au niveau d'une seule entité étatique pourrait fluidifier les procédures et accélérer l'avancement des projets,*

*invite le Gouvernement*

- *à mettre en place un guichet unique qui centralise l'introduction et le suivi des dossiers en matière d'autorisation de la construction de logements auprès des différentes administrations étatiques et communales ;*

- *à assurer un traitement adéquat des demandes d'autorisation dans les administrations étatiques en renforçant au besoin leur personnel.*

*(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.*

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Den zweete Constat vun de Chercheure bestätegt dës Bild. Zu Lëtzebuerg gëtt et en Zesummespill tëscht Groussgrondbesëtzer a Promoteuren, dat drop ausgeriicht ass, d'Offer vun den Terrainen esou ze steieren, dass d'Rendite méiglechst héich bleift. Dat ass méiglech, well d'Proprietären an d'Promoteuren eng immens héich Autonomie am Planungsprozess hunn a si selwer d'Kontroll doriwwer halen, wat se a wéi se bauen a wéi séier se et kënnen op de Marché bréngen. Anescht gesot: Si kontrolléieren d'Präisser.

Do wou d'Promoteuren dacks bedauern, si hätten net genuch Spillraum, ass et eigentlech genee de Géigendeel: Bal néierens anescht hu Promoteuren esou vill Rechter ewéi bei eis.

Och muss een an deem Kontext eis Konsenskultur erwänen. Villes leeft zu Lëtzebuerg iwwer kuerz Weeër an iwwert de Konsens. Wéi mer et alleguerte wëssen, gëtt gären ënnereneen esou verhandelt, dass kee schlecht ewechkënn, also dass jiddwereen och frou ass. Déi Kultur vum Konsens ass eppes, wat een an deem Kontext awer ka kritiséieren, well kann ee sech dat haut eigentlech nach erlaben?

Déi ëffentlech Acteure missten eigentlech vill méi duerchgräifen, an zwar mat deenen Instrumenter, déi se zum Deel och schonn hunn, respektiv misst ee sech endlech déi Instrumenter ginn, déi ee brauch.

Deem géigeniwwer stinn de Staat an d'Gemengen e wéineg mat der Box erof do a maache sech an der Bekämpfung vun der Logementskris ofhängeg vun de privaten Acteuren, déi an eisen Aen alles, mee keen Interessi um Enn vun där Kris hunn.

Wourunner maache mir dat fest? Ben, de Staat an d'Gemengen hunn ze mann Terrainen, wéi mer et alleguer wëssen, fir méiglechst séier genuch abordable Wunnraum ze schafen. Si mussen also méi Terraine kréien. Mir ginn dann och eng Motioun eran, fir zousätzlech Informatiounen iwwert d'Detentioun vum Foncier an de Gemengen ze kréien.

Wannechgelift.

### **Motion 2**

*La Chambre des Députés,*

- *vu que le programme Raum+ permet d'élaborer des estimations en matière de surfaces de terrains disponibles à des fins résidentielles ou mixtes en utilisant les données du Plan cadastral numérisé et des Plans d'aménagement général des communes ;*

- *vu que dans le cadre de ce programme des entretiens avec 89 communes ont été menés pour collecter des informations qualitatives sur lesdites surfaces afin de mieux cerner les surfaces constructibles ;*

- *considérant que les informations recueillies sur la disponibilité de terrains constructibles ventilées par commune n'ont pas été annexées à l'étude „Raum+ - Siedlungsflächenreserven in Luxemburg 2020/21“ publiée en 2021 ;*

- *considérant que ce large éventail d'informations précieuses sur le potentiel foncier notamment en ce qui concerne la disponibilité effective des terrains pour la construction relève de l'intérêt général et pourrait contribuer à l'élaboration de mesures en faveur d'une dynamisation de la création de logements abordables dans et par les communes,*



invite le Gouvernement

- à publier pour chaque commune la superficie totale de terrains constructibles dans des zones d'habitation et dans des zones mixtes en indiquant pour chaque commune :

- les types de propriétaires par type de zone ;
- le nombre de logements potentiels sur ces terrains par types de propriétaire et type de zone ;
- le pourcentage de la surface par type de zone détenue par les types de propriétaires sur laquelle un début des travaux est envisageable d'ici cinq ans ainsi que le nombre de logements potentiels sur cette surface ;
- un tableau récapitulatif des dix propriétaires de foncier pour l'habitat les plus importants en 2020/2021.

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | D'Terraine vum Fonds du logement a vun der SNHBM sinn donieft méi komplex a laangwierig, wat d'Bebauung ugeet. Staatlech Promoteure mussen och gutt Terraine kréien. Dofir brauch et steierlech Mesuren, Virkafsrecht an awer och eng seriö Prospektioun.

De Staat huet mam Fonds spécial zwar en Outil, fir un Terrainen ze kommen, mee et feelt em u Féierkraaft, fir mat Privatpromoteure matzehalen. Mir hunn och hei eng Motioun bezüglech der Strategie vun dem Fonds, wat de Foncier ubelaangt.

### Motion 3

*La Chambre des Députés,*

- vu la volonté du gouvernement d'augmenter substantiellement l'offre de logements abordables ;

- vu la création du Fonds spécial de soutien au développement du logement dont une mission principale est l'acquisition de potentiel foncier pour y développer des logements abordables ;

- vu la note n° 29 de l'Observatoire de l'habitat qui met en évidence que les personnes physiques (64,2 %) et personnes morales (20 %) détiennent la grande majorité des terrains en zones d'habitations et mixtes, tandis que l'Etat (1,6 %), les Fonds (4,8 %) et les communes et syndicats de communes (7,1 %) en détiennent nettement moins ;

- considérant que la dynamisation de l'acquisition de potentiel foncier destiné à la construction de logements par les autorités publiques est une condition sine qua non pour accélérer la création de logements abordables à moyen et à long terme ;

- considérant que le gouvernement entend mettre en œuvre des modifications en matière d'imposition du foncier visant à réduire la rétention foncière ;

- considérant que les acteurs privés de la promotion immobilière mettent en œuvre des stratégies poussées en matière de prospection immobilière en y dédiant des ressources importantes ;

- considérant que le Fonds spécial n'est pas doté d'un dispositif comparable en matière de prospection immobilière,

invite le Gouvernement

- à développer la prospection immobilière dans le cadre des missions du Fonds spécial afin de dynamiser l'acquisition de potentiel foncier destiné à la création de logements abordables ;

- à présenter une stratégie d'acquisition de potentiel foncier pour le Fonds spécial.

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis.**

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | An d'Vir-kafsrecht, wéi Der et wësst, ass mat juristeschen Onsécherheete behaaft a waart scho säit Längerem op eng Reform. Wou ass dann déi Aarbechtsgrupp drun, déi hei soll eng Reform ausschaffen? De Baulandvertrag läit am Tirang a riskéiert séier, op Grond ze lafen. De Pacte Logement hängk den Uspéich wäit hannendrun a féiert net onbedéngt dozou, dass genuch éffentlech gebaut gëtt.

Éffentlech Promoteure si bei der Ëmsetzung virun allem beim Bau selwer ofhängeg vu privaten Entrepreneuren, déi kokasserweis och direkt Konkurrente sinn. Hei muss een nei Optiounen präwiieren, wéi zum Beispill d'Schafung vun enger éffentlecher Baufirma, déi selwer och eng Zill op déi aner setze kann.

Och dozou dann eng Motioun. Wannechgelift.

### Motion 4

*La Chambre des Députés,*

- saluant la volonté du gouvernement de vouloir accélérer la construction de logements abordables ;

- saluant la volonté du gouvernement d'élargir l'accès à un logement abordable, soit en location, soit à travers la vente, à une plus grande partie de la population résidente ;

- considérant que ces objectifs demandent une augmentation en nombre et/ou en envergure ainsi qu'une accélération des projets de construction immobilière réalisés par les promoteurs publics ;

- considérant que la conception et la gestion des projets de construction immobilière pouvant répondre au besoin croissant de logements abordables nécessitent des ressources importantes en personnel qualifié au niveau des promoteurs publics ;

- considérant que beaucoup de communes ne disposent pas de ressources en personnel qualifié pour réaliser des projets de construction immobilière respectivement pour assurer la gestion et la maintenance des logements achevés ;

- considérant que la loi Pacte Logement 2.0 prévoit l'établissement et la mise en œuvre de programmes d'action locale par les communes ayant conclu une convention initiale et une convention de mise en œuvre avec le Ministère du Logement et que la mise en pratique de ces programmes, notamment en ce qui concerne la création de logements abordables et durables, nécessitera du personnel qualifié ;

- considérant que les promoteurs publics, dont les communes, ne disposent pas des corps de métiers nécessaires à la réalisation de la construction proprement dite de logements et doivent faire appel à des prestataires privés pour réaliser leurs projets,

invite le Gouvernement

- à étudier l'opportunité et la faisabilité de la création d'une société de construction de logements sous gestion publique pouvant intervenir exclusivement dans la réalisation des projets de construction des promoteurs publics ;

- à assurer que les communes puissent se doter des ressources nécessaires en personnel qualifié pour réaliser leurs missions et projets en matière de la création et de la gestion technique et socioéducative d'un parc de logements abordables.

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | De Gemenge feelt et un den néidege Ressourcen an deelen och un de juristesche Sécherheeten, wéi scho gesot, fir selwer méi aktiv ze ginn. De politesche Wëllen ass a verschiddene Gemengen dann och e Problem.

Den néidege steierleche Revirement gëtt säit Joren diskutéiert, mee ëmmer erëm verdaagt. Bis elo huet dës Regierung keng wierklech Steiermesuren a Kraaft gesat, fir der Logementskris entgéintzewierken. D'Resultat ass, dass sech innerhalb vun der Koalitioun géigesäiteg de Ball zougespillt gëtt. De Logementsministère verweist op de Finanzministère, de Staatsministère wëll dem Interieur net virgräifen, deen erëm op de Finanzministère waart. Do dertëscht kommen dann ëmmer erëm Aussoen iwwert d' Lourdeur administrative, déi Innen- an Ëmweltministère ëmmer erëm an d' Verantwortung zéien an esou virun. An dorunner knäppt de leschte Constat un, deen d' Chercheure maachen: Ouni eng déifgräifend Steierreform an eng daitlech Stärkung vum Staat a vun de Gemenge bei der Planung a beim Bau vu Wunnengen, kréie mir déi Logementskris net an de Grëff. Et brauch also konsequent politesche Aktioun.

Mir hunn hei virun engem hallwe Joer schon op d'Urgence opmierksam gemaach a Propose gemaach, wéi een eidel Bauterraine séier kéint mobiliséieren - besonnesch Baulücken -, a fir op d'Besteuerung vun den eidele Wunnengen hinzewierken. Mir goufen du verträischt op d'Grundsteierreform, wou dës alles soll reforméiert ginn. Kéint dës Grundsteierreform dann nach dës Joer? Ab wéini wier se da wierksam? Komme wierklech steierlech Reformen, fir méi konsequent an den Immobiliemarkt anzegräifen, Stéchwuert: Besteuerung vun der Plus-value?

Mir hunn den Androck, dass hei op Zäit gespillt gëtt an um Enn e faule Kompromëss erauskënnt, dee fundamental näischt un der Situatioun änneren wäert. Mir erhoffen eis dann, dass an der Steierdebat, déi jo hoffentlech da geschwënn kënnt, méi handfest Virschléi vun der Regierungssäit op den Dësch kommen. En attendant hu mir haut an dëser Debat de Fokus op d'Terrains- an d'Baupolitik vum Staat an de Gemenge geluecht. Mir mengen, dass déi daitlech gestärkt musse ginn, dass Strategien an dat passend Handwierksgeheer gebraucht ginn, fir de privaten Acteuren d'Stir kënnen ze bidden an den éffentlechen abordable Wunnraum ze schafen, deen esou batter néideg ass.

Villmools merci fir d'Nolauschtenen.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis.**

An als éischte Riedner ass den honorablen Här Marc Lies agedroen. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

### Débat

**M. Marc Lies** (CSV) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soe virop deene Lénke Merci, datt se dës Punkt op den Ordre du jour vun haut de Mëtteg gesat hunn.

Lëtzebuerg huet eng Energiekris, huet eng sanitär Kris, jo, huet och eng Wunnengsbaukris.

**M. François Benoy** (déi gréng) | An eng Klimakris.

**M. Marc Lies** (CSV) | Eng Klimakris, wollt ech effektiv nach ergänzend dozou uféieren, a vläicht an deenen nächsten Deeg a Wochen nach eng ganz aner Kris.

(Interruption par M. François Benoy)

**Une voix | Très bien!**

**Une autre voix |** Hoffe mer net.

**M. Marc Lies** (CSV) | Voilà! Duerfir, Dir Dammen an Dir Hären, wann den Här Benoy mech elo hei wëllt schwätze loosse, da géif ech och kënnen virkommen. Mir hunn eng Wunnengsbaukris, wou effektiv de Constat ze maachen ass, datt iwwert déi lescht Jore ganz sécherlech net déi richteg Akzenter gesat gi sinn. Dat bewiese ganz kloer d'Präisser, wéi se iwwert déi



lescht Joren an d'Luucht gaange sinn. Den Eurostat, dee seet, datt zanter 2010 d'Präisser bei den Haiser ... An ech mengen, mir gesinn dat och an deene leschte Wochen a Méint, besonnesch elo an der Covidkris, datt d'Leit nees op d'Land ginn, sech an Haus mat e bësse Gaart ronderëm wëlle kafen. Déi Präisser sinn zanter 2010 ëm 117 % an d'Luucht gaangen.

Wa mer dann effektiv kucken, d'Appartementer, wat déi an deene leschte Joren och u Wäert zougeluecht hunn, sou ass et effektiv net vermoossen, datt op ville Plazen am städtesche Raum Präisser vu 14.000 bis 15.000 Euro de Meterkaree bezuelt ginn. Do freet ee sech: Wie soll dat effektiv haut nach bezuelen?

Ech wéilt hei awer e puer Punkte soulevéieren.

Dat ass fir d'éischt dat, ëm wat de Sujet de Mëtten och gaangen ass, wat déi Lénk ugefrot hunn: Dat ass d'Retentioun vun den Terrainen. Wann een awer seet, Retentioun vun den Terrainen, da muss een dat vläicht e bësse méi genau analyséieren. An do geet et dann drëm: Wéi gesäit déi Retentioun vun den Terrainen aus? Et sinn 3.750 Hektar, déi vu Raum+iwwer eng Etüd iwwert déi lescht Joren elo dann detektiert gi sinn, déi innerhalb vum Perimeter leien. Wann ee seet, Retentioun vun Terrainen: Sinn dat Baulücken? Sinn dat effektiv Terrainen an engem PAP „quartier existant“? Sinn et Terrainen, wou nach keng PAP-Prozedur „nouveau quartier“ entaméiert ginn ass? Duerfir, déi Analys, déi ass ze maachen. Ech hunn och diesbezüglich eng Question parlementaire gestallt un den Aménagement du territoire, d'Fro Nummer 5372, wou ech e ganz, ganz grouse Merci soen deene Leit, déi dorop geäntwert hunn, well dat extreem detailléiert war an och extreem opschlossräich, wat dann do geäntwert ginn ass.

Een anere Volet ass awer och deen ... An ech mengen, wa mer vu Wunnengsbaukris schwätzen, da musse mer och iergendwann eng Kéier eng Diskussioun heibanne féieren iwwert de Wuesstum: Wat fir e Wuesstum brauche mer? Wat fir e Wuesstum hätte mer gär an de kommende Joren? An ech mengen, dat ass ganz kruzial och bei dëser Diskussioun, wann et ëm de Wunnengsbau geet.

Fir op en anere Punkt ze kommen: Dat ass dann den erschwéngleche Wunnengsbau. Wéi wëlle mer iwwerhaapt nach erschwéngleche Wunnengsbau realiséieren mat deenen Terrainspräisser, déi momentan am Perimeter bezuelt ginn? An ech mengen, och do: 100.000 Euro, respektiv am städtesche Raum sinn et éischter ëm 200.000 Euro den Ar, mengen ech - mat deene Präisser kréie mer einfach keng erschwénglech Wunnenge méi gebaut, an dat ass e Constat, deen ze maachen ass.

Ech hu virdru gesot, datt ech eng Question parlementaire, Nummer 5372, un de Landesplanungsminister gestallt hunn, déi ganz ausféierlech beäntwert ginn ass, wou ech wollt wëssen: Wou kommen déi 800 Hektar nach zousätzlech hier? Viru Joren ass ëmmer vun 2.950 Hektar geschwat ginn. Elo op eemol si mer bei 3.750 Hektar, dat sinn 800 Hektar weider. Wou kommen déi genau hier?

Ech wëll elo net op d'Analys vu Raum+ agoen. Do ass sech sécherlech mat de Gemenge concertéiert ginn. Do misst een an de kommende Joren vläicht awer och déi Analys nach eng Kéier e bësse méi detailléiert maachen, well do stelle sech awer nach esou munch Froen.

Ech wollt och wëssen: Wéi vill Hektar sinn am Perimeter pro Gemeng, déi relativ séier kënne bebaut ginn? An do ass allerdéngs e Constat, dee bei där Question parlementaire erauskomm ass, deen dach relativ remarkabel ass, wat iwwerhaapt schnellstméiglech ka bebaut ginn: Dat si vun deenen 3.750 Hektar just

1.120 Hektar; 2.635 Hektar, déi sinn nach net emol an enger Prozedur. Dat heescht, do ass nach kee PAP „nouveau quartier“, deen entaméiert ginn ass, ëmgesat ginn ass. An ech mengen, dat ass genau de Problem, dee mer hautzdaags hunn, datt et extreem schwierig ass, eppes ëmzesetzen, wann d'Prozedur nach net declenchéiert ass. An ech mengen, allegueren déi Leit, déi heibanne sëtzen, déi Responsabilitéit an de Gemengen hunn, déi wësse ganz genau, wat dat heescht, wann et drëm geet, e PAP ze erstellen an do ze kucken, och mat deene Leit ronderëm eens ze ginn.

2.436 Hektar, do sinn am Ganze just zwee Propriétaires, déi do Afloss drop hunn, fir e PAP kënne ze erstellen. An ech kommen och hei nees eng Kéier op d'Gemengen zrëck, déi wëssen, e PAP ze erstellen, wann ee Remembrement urbain muss gemaach ginn. Bei engem eenzelne Propriétaire ass et relativ einfach, relativ evident. Wann der awer schonn zwee do sinn, ass et komplizéiert a wann der dann 10, 20, 30 oder 40 sinn, da gëtt et nach vill méi komplizéiert. Vum Effet vum NIMBY, wat d'Noperschaft ugeet, wëll ech guer net schwätzen.

Duerfir mengen ech: Dat sinn déi Problemer, déi mer hunn, prozedural Problemer, fir kënne virunzekommen. A wann ech soen: 70,6 % vun deenen 3.750 Hektar sinn nach net an der Prozedur, ech mengen, da wësse mer ganz genau, ëm wat et geet. Vun deenen 1.120 Hektar, déi effektiv autoriséiert sinn oder iwwer „quartier existant“ als Baulücke kënne bebaut ginn, do sinn 618 Hektar, déi am Besëtz vu Personnes physiques sinn. Mir wëssen och, wat dat heescht, datt do net jiddweree wëleg ass, seng Terrainen op de Maart ze bréngen, fir déi ze bebauen. A vun deenen 1.120 Hektar si 500 Hektar, déi PAP „nouveau quartier“ sinn, déi relativ schnell kéinte bebaut ginn. Mat enger Moyenne vun 38 Wunnengen op den Hektar sinn dat 19.000 Wunnengen, a wann een déi an deenen nächste Jore géif bebaue mat enger Zomm vu 6.000 Euro, wiere mer an dräi Joer fäerdeg.

Also de Constat, deen ze maachen ass: Mir hunn ee Problem momentan mat allem, wat d'Erstellung vun neie PAPen ugeet. An ech wéilt och do eng Motioun erareeche, Här President, wou et dann drëm geet, den Artikel 29bis vum neie Pacte-Logements-Gesetz nach eng Kéier ze analyséieren. Mir wëssen, et war eng Deadline an deene leschten Deeg, den 19. oder den 18. Februar, wou d'PApe laut där aler Prozedur konnten eragereecht ginn. Ech kann Iech aus eegener Erfahrung soen, datt do PAPen eragereecht gi sinn, déi net fäerdeg waren, déi net prett waren a wou mer als Gemeng elo risegrouss Problemer hunn, fir déi ëmzesetzen. Duerfir, Här President - meng Zäit ass effektiv schonn iwwerschratt, ech hunn dann herno nach e puer Minutten Zäit, fir iwwert dës Motioun hei ze schwätzen -, ech géif Iech déi erareeche a Merci soe fir d'Nolauschteren.

Merci.

### Motion 5

*La Chambre des Députés,*

- *rappelant le Projet Raum+ qui est un projet commun du Département de l'aménagement du territoire, de l'Observatoire du développement spatial, du Ministère du Logement et de l'Observatoire de l'habitat pour apprécier et répertorier les réserves foncières au Grand-Duché de Luxembourg ;*

- *constatant que la dernière étude de Raum+ relève que la réserve foncière disponible à l'habitat dans 89 communes où un plan d'aménagement général (PAG) nouvelle mouture a été adopté ou était en voie d'adoption, s'élève à 3.750 ha ;*

- *constatant que seulement 1.120 ha des 3.750 ha peuvent être directement viabilisés via des PAP-NQ (plan d'aménagement particulier « nouveau quartier ») respectivement PAP-QE (plan d'aménagement particulier « existant ») en vigueur ;*

- *constatant que sur 2.630 ha restants aucune procédure d'adoption de PAP n'a été entamée jusqu'à présent ;*

- *considérant la loi du 30 juillet 2021 relative au Pacte logement 2.0 ;*

- *considérant que la loi précitée du 30 juillet 2021 a instauré un nouvel article 29bis dans la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain ;*

- *rappelant que cet article assure la création d'un nombre plus élevé de logements abordables dans PAP-NQ ;*

- *constatant que l'article 29bis s'applique aux PAP-NQ dont le collège échevinal se voit saisi après le 18 février 2022, c'est-à-dire pour les PAP dont la procédure est entamée après le 18 février 2022 ;*

- *précisant que pour les PAP-NQ, dont le collège échevinal a été saisi jusqu'au 18 février 2022 inclus, les dispositions de l'article 29, paragraphe 2, alinéa 4 de la loi précitée du 19 juillet 2004 continuent à s'appliquer pour des raisons de sécurité juridique ;*

- *rappelant que les ratios et les modalités imposés aux promoteurs pour la réalisation de « logements abordables » (anciennement « logements à coût modéré »), changeront de manière sensible pour les PAP dont la procédure est entamée après le 18 février 2022 ;*

- *précisant que pour chaque plan d'aménagement particulier « nouveau quartier » qui prévoit un nombre de logements entre 10 et 25 unités, au moins 10 pour cent de la surface construite brute maximale à dédier au logement sont réservés à la réalisation de logements abordables et que pour chaque plan d'aménagement particulier « nouveau quartier » qui prévoit un nombre de logements supérieur à 25 unités, au moins 15 pour cent de la surface construite brute maximale à dédier au logement sont réservés à la réalisation de logements abordables ;*

- *estimant que le nouvel article 29bis ne va pas accélérer les procédures d'adoption de nouveaux PAP,*

*invite le Gouvernement*

- *à faire une évaluation des nouveaux mécanismes institués par le Pacte Logement 2.0, en l'occurrence le nouvel article 29bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, et ce jusqu'à fin 2022 ;*

- *à modifier le nouvel article 29bis en cas de déclin substantiel du nombre de PAP nouvellement mis en procédure après le 18 février 2022.*

(s.) Marc Lies, Emile Eicher, Félix Eischen, Max Hengel, Georges Mischo.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Lies. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn (DP)** | Merci, Här President. Mir hunn och déi Notte vum Observatoire de l'habitat a vum LISER mat ganz vill Interessé gelies. Fir eis ass kloer, dass et net ka sinn, dass verschidden Acteuren, verschidde Leit riseg Terrainen am Bauperimeter broochleie loossen, während mer am Rescht vum Land eng Logementskris hunn a ganz vill Leit sech keen Daach méi iwwert dem Kapp kënne leeschten.

**Une voix** | Très bien!

**M. Max Hahn (DP)** | Mir ënnerstëtzen dowéinst voll a ganz déi Mesuren, déi de Premier ugekënnegt huet, fir méi Terrainen ze mobiliséieren: Denke mer virop



un d'Reform vun der Grondsteier, fir Besëtzer vu groussen Terraine méi staark an d'Verantwortung ze huelen, an och nach un d'Schafe vun engem Wunnengsregëster.

An deem Kader ass et fir eis als DP awer ganz wichteg ze betounen, dass et net drëms geet, Leit ze bestrofen, déi en Terrain fir Kanner oder fir Kandskanner hale wëllen. Dat hu mer schonn e puermol gesot, an ech wëllt hei nach eng Kéier dorobber insistéieren. Mir wëllen déi richteg Leit cibléieren, an dat si fir eis déi, déi grouss Terraine besëtzen, déi wäit iwwert den eegene Bedarf erausginn, déi sougenannte Groussgrondbesëtzer also.

Zu den Etüde selwer gëtt et fir eis als DP e puer Saachen ze soen.

Fir unzefänken hu mer keen Iwwerbléck doriwwer, wéi eng Terraine sech aktuell an enger Prozedur befannen a wéi eng net. Dat ass awer kee klengen Detail an der ganzer Diskussioun. Nëmmen esou nämlech kann ee soen, wat tatsächlech Bauland ass, dat bewosst broochleie gelooss gëtt. Et kann een nämlech net soen, nëmme well ee vill Terrainen huet, dass een automatesch e Spekulant ass. Wier dat nämlech esou, ma da wieren de Staat, d'Gemengen an déi ëffentlech Promoteure mat déi gréisste Spekulanten.

Et ass kloer, dass Promoteuren, ëffentlech wéi privater, méi wäit am Virus plange mussen, grad well d'Prozeduren an eisem Land déi sinn, déi se sinn. Vum Terrain heescht et duerschnëttlech siwe bis aacht Joer. Da brauch een net nëmme e laangen Otem, mee et brauch een natierlech dann och Reserven, et wëllt ee jo och nach an e puer Joer eppes ze schaffen hunn.

E weidere wichtige Punkt, an ech sot et schonn: Och déi ëffentlech Hand gehéiert zu de gréisste Proprietäre vu Bauland zu Lëtzebuerg, sief dat de Staat selwer, ëffentlech Promoteuren oder d'Gemengen. An dat si jo sécher keng Spekulanten. Dofir muss mer eis d'Fro stellen: Wouru läit et da wierklech, dass déi net méi bauen? Sinn et d'Prozeduren? Ass et d'Manpower, déi hei feelt?

Mee, wéi gesot, mir wëssen och net, wat alles vun dësen Terrainen eventuell schonn an enger Prozedur ass, fir bebaut ze ginn. Firwat ass dat net ënnersicht ginn? Den Här Minister kann eis vläicht do eppes méi dozou soen. Dat, wat schlussendlech zielt, fir de Logement an de Grëff ze kréien, ass, wéi vill Unitéite pro Joer realiséiert ginn.

Och déi ëffentlech Hand huet hei ganz kloer eng Verantwortung an eng wichteg Roll ze spillen. An do muss mer feststellen, dass déi ëffentlech Hand mat hirer Produktivitéit generell awer dem Privatsektor hannendrunzéhänke schéngt. Beim Fonds du logement si mer alt bei ronn 90 bis 100 Unitéiten d'Joer, während e private Promoteur vun enger änlecher Gréisst awer bis zu - allez hépp! - 340 Stéck konnt liwweren. Bei villen aneren ëffentlechen Acteuren feelen eis leider genee Chifferen, fir eeben dee globalen Iwwerbléck ze kréien, dee mer brauche fir méi eng deifgräifend Analys.

Dowéinst nach eng Kéier vläicht d'Fro un de Minister: Firwat gouf dat net ënnersicht? An ass eventuell virgesinn, dat nach nozehuelen?

Här President, wat eis feelt, ass d'Ënnerscheidung tëschent: Éischtens, wie léisst haaptsächlech bewosst Bauland zu Spekulationszwecker leien? Esou Leit sollen e staarken Ureiz kréien, hiren Terrain ze mobiliséieren. An zweetens, wie wëllt e Projet maachen, mee kann et net oder net esou séier, wéi e wëllt? An an deem Fall, wourunner läit et dann?

Vum Terrain héiert een, wéi gesot, ëmmer erëm, et wieren d'Prozeduren. Dofir ass et bedauerlech, dass dëst an den Notten an an den Etüden net thematiséiert gouf. Dësen Aspekt dierf eiser Meenung no nämlech an der Diskussioun net ausgeklammert ginn, well mir wëlle jo net nëmme Terraine mobiliséieren, mee mir wëllen déi dann och duerno séier bebauen. A wa mer da 15 Joer brauche fir e PAP, dann ass et normal, dass mer am Logement net virukommen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Max Hahn (DP)** | Zweek vun de gréisste Promoteuren am Land hu sech iwwerengs bereeterkläert, mam LISER zesummenzeschaffen, fir a voller Transparenz hir Donnéeën iwwer hir Terrainen a lafend Projeten zur Verfügung ze stellen. Mir géifen et begreissen, wann d'Chercheure vum LISER dëser Propos géifen nokommen. Dat wier extrem interessant a wichteg a géif Informatiounen liwweren, déi sécherlech och an dëser Diskussioun mat afléisse kéinten.

Onofhängeg dovunner ass et fir eis als DP natierlech kloer, dass d'Multiproprietären eng grouss Verantwortung hunn, déi privat an och déi ëffentlech. An dofir brauche mer hei déi néideg Mesuren, fir dës méi staark mat an d'Flicht ze huelen.

Dëst gesot, géif ech der Kolleeegin Nathalie Oberweis villmools Merci dofir soen, dës Heure d'actualité ugefrot ze hunn, an ech géif Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Hahn. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Merci, Här President. Ech kann dann och do uknäppen, wou den Här Hahn opgehale huet, andeems ech der Madamm Oberweis Merci dofir soen, déi Debatt hei ugefrot ze hunn. A si huet opmierksam gemaach op de Gebrauch vum Wuert „Kris“. A jo, ech mengen, si huet Recht: Mir schwätzen hei vun enger Kris. D'Wunnungskris, déi betrëfft eis nämlech all. A genee aus deem Grond muss mer d'Wunnungskris och zesummen upaken. „Zesummen“, dat ass net nëmme de Slogan vu menger Partei, mee virun allem moosse mer mam Zesummenhalt och d'Stärkt vun enger Gesellschaft.

D'Madamm Oberweis huet sech och beklot - an ech mengen, do huet se net ganz Onrecht -, dass et laang Zäit, an och elo nach ëmmer zum Deel, un Donnéeën gefeelt huet, fir eng Evaluatioun vu verschiddenen Ursaachen ze maachen. Ech erënnere mech, am Joer 2018 hat ech zesumme mam Deputéierte Franz Fayot déi deemoleg Finanz- a Logementsministere gefrot, ob et méi Informatiounen iwwert d'Konzentratioun vu Bauland géif ginn a wien dann iwwerhaapt d'Proprietäre wieren, ob dat Privatleit sinn oder vläicht och Gesellschaften, a wa jo, wéi eng Gesellschaften.

Déi zweek Ministere konnten eis deemools net wierklech prezis op dës Froen äntwerten, mee, muss ech awer soen, zanterhier goufe vill Efforte gemaach an déi Donnéeën erhuewen an och ausgewäert, notament och, a méi detailléiert, an där Nott 29 vum LISER, vun där mer elo haut de Mëtteg schwätzen.

An dëser Nott, pardon, vum Observatoire de l'habitat gëtt bestätegt, dass de Gros vum Bauland an den Hänn vun e puer weënge läit. Selbstverständlech ass dat net gesond fir eis Gesellschaft, well dat heescht, dass e groussen Deel vun den Awunner am Land op de gudde Wëlle vun e puer Dose Leit ugewisen ass.

Fir et direkt kloerzestellen: Dat hei ass keng Fro vun Naid an dat därerf et och net ginn! Mee et ass d'Fro, ob d'Konzentratioun vu ganz villen Terrainen an den Hänn vun e puer weënen net awer d'Gefor mat sech bréngt, dass dat sech herno op d'Präisser um Marché auswierkt. Ech mengen, dass ech dat ewell an enger ganzer Partie Interventiounen gesot hunn. Ech soen et dann och einfach emol nach eng Kéier: De Logement därerf net zu engem Finanzprodukt ginn! Eise Wunnensmaart ass dereguléiert an et brauch e méi groust Agräife vun der ëffentlecher Hand, fir dat ze korrigéieren!

Net ech eleng, mee eng ganz Partie vun de Kolleeegen hunn och schonns op de Prinzip verwisen, dass Eegentum och Verantwortung mat sech bréngt. Am däitsche Grundgesetz steet: „Eigentum verpflichtet. Sein Gebrauch soll zugleich dem Wohle der Allgemeinheit dienen.“ Och an eiser neier Verfassung wäert d'Wunnen zu engem Staatszil erkläert ginn, also zu enger absolutter Prioritéit fir d'Politik. Duerfir muss de Staat agräifen, wann zum Beispill duerch méiglecht Zréckhalen, also Retentioun vun Terrainen d'Präisser um Wunnensmaart géife kënschtlech an d'Luucht gedriwwen ginn.

Fir deem entgéintzewierken, huet d'Regierung och e ganze Pak u Mesuren an d'Weeër geleet. Mam neie Pacte Logement kënnt d'ëffentlech Hand endlech un déi Terrainen, déi mer brauchen, fir ëffentleche Wunnraum ze schaffen.

Mam neie Wunnensbaufong hu mer eng weider Méiglechkeet geschaaft, fir dës an och aner Projeten ze finanzéieren. Fir géint d'Zréckhalen, d'Retentioun virzegoen, huet d'Inneministesch Taina Bofferding d'Gesetz fir de Baulandvertrag an de Remembrement deposéiert. Dës sollen d'Broochleie vu Bauterraine verhenneren. D'Reform vun der Grondsteier, mee vill méi nach d'Antispekulationssteuer, déi vun der Regierung ugekënnegt gouf, sollen et manner attraktiv maachen, Bauland net ze notzen an ze waarden, dass d'Präisser klammen.

Mee déi Nott, iwwert déi mer haut de Mëtteg schwätzen, déi weist net nëmme déi ongläich Verdeelung vum Besëtz - 0,5 % vun der Populatioun besëtzen iwwert d'Hallschent vun de Bauterrainen -, dës Nott weist och, dass eigentlech e groussen Deel vun den Terraine kéinte bebaut ginn, wann de Wëllen do wier.

Verschidden Acteuren um Immobiliemaart ginn ze verstoen, dass si gäre géifen hir Terrainen exploitéieren, mee dass déi laang a komplizéiert Prozeduren dat géifen onméiglech maachen.

Ech wëll hei och emol soen, dass mer net sollen de Feeler maachen an allegueren d'Acteuren um Immobiliemarkt an een Dëppe geheien. Net all Acteur ass automatesch e Spekulant. Vill Acteure wëllen developeieren a Wunnraum schaffen. Dat ass hire Business, et ass hire Metier. A wa si gebremst ginn, da muss mer hinnen och nolauschteren! Dat Argument kann een nämlech zum Deel novollzéien, well, effektiv, eis Gesetzgebung, national a kommunal, ass dacks komplizéiert. A mir wëssen alleguer, jo, et dauert och heiansdo ganz laang.

Fir dat ze verbesseren, hu mer an der leschter Period ënnert der Leedung vum Dan Kersch d'Omnibusgesetz gestëmmt, wou eng Rëtsch Prozedure gestrafft an acceleréiert goufen. Et ass awer do nach Sputt, fir d'Prozeduren ze vereinfachen. Besonnesch d'Digitalisierung misst eis doch hëllefen, verschidde Saache méi séier ofzewéckelen.

Ech denken do konkret un eng digital Baugeneemegung, wou ee säi Projet op engem Portail an enger eenzeger Kéier kann erareeche an déi eenzel Administratiounen kënnen drop zréckgräifen, e Portail, an



deem een zu all Moment gesäit, wou engem säin eegenen Dossier drun ass. Dat géif verhënnere, dass Dossiere verluer ginn, dass ee se muss op zeg Plazen erareeche, an d'Prozedure kéinte souguer parallel ulafen an esou kéint Zäit gespuert ginn.

Mee och déi nei PAGen, déi elo geschwënn an alle Gemengen a Kraaft sinn, wäerten d'Prozedure méi séier maachen. Déi Gemengen, déi hire PAG schonn e puer Joer hunn, déi mierken dat haut schonn. An dësem Kontext muss awer och d'Fro opgeworf gi vum Sënn oder Onsënn vum Opmaache vum Bauperimeter.

Den Här Lies hat virdru vu senger Question parlementaire geschwat. De Kollege Mars Di Bartolomeo an ech, mir haten och eng änlech Question parlementaire gestallt. A mir krute geäntwert, dass vun den theoreetischen 2.719 Hektar Terrain, déi fir de Wunnraum disponibel sinn, just 265 Hektar kënnen direkt bebaut ginn, also knapps 7 %.

An da muss een natierlech wëssen, dass, no de Reegele vun der Economie, wann eppes rar ass oder knapps ass, et dann och deier gëtt. Esou ass dat nun eeben och mam Bauland. Duerfir mécht et an eisen Ae kee Sënn, fir mordicus drop ze halen, de Bauperimeter zouzeloossen. Mee, an dat hu mer och scho méi dacks gesot: Do, wou et Sënn mécht a wou mer net zu enger Zersiidlung vun der Landschaft bäidroen, do soll dach kënnen de Bauperimeter erweidert ginn!

Bis elo krute mer och ëmmer gesot, dass de Staat an d'Gemenge keng Terrainen hätten, fir deen néidegen ëffentleche Wunnraum ze schafen. Do ass et dann e bëssen erstaunlech ze liesen, dass eenzel Gemengen an de Staat awer och op engem gudden Deel vun de bebaubaren Terrainen setzen. Do ass d'Fro, ob déi staatlech Wunnungsbaugesellschaften iwwerhaupt kënnen nokommen, fir déi vill Wunnengen ze bauen, déi mer vun hinne verlaangen. A wann d'Antwort hei Neen ass, da musse mer déi Privat mat an d'Boot huelen an u klore Krittären an no engem präzise Cahier des charges fir de Staat baue loossen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Merci, Här President. Fir d'alleréischte och vun eis aus e grouse Merci un d'Madamm Oberweis, well ech fannen, mir schwätzen net oft genuch iwwert de Problem. An hei ass dann erëm meng Opportunitéit iwwert dës Aktualitéitsstonn, fir driwwer ze schwätzen.

Iwwert d'Sue schwätzt een net a scho guer net doriwwer, wéi wéi e Land a Buedem gehéiert. Mee déi aktuell Situatioun an déi aktuell Entwécklung vun de Wunnungspräisser weisen, dass et eeben net reng eng Privatfro ass, wat ee mat sengem Terrain mécht, wéi dee gehéiert a wéi vill een dovunner huet.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Et ass e wichtege Verdéngscht vum Observatoire du logement, Fakten an Zuelen an een Debat ze bréngen, deen oft emotional gefouert gëtt.

Ee wichtege Rappel awer fir unzefänken: Mir hu genuch Bauland. Laut der leschter Erhiewung iwwert d'Methodologie vu Raum+ hu mir iwwer 5.000 Hektar Land, a méi wéi 3.700 Hektar dovunner fir de Wunnungsbau. Jee no Baudichte erlaabt dat eis, Wunnenge fir méi wéi 300.000 zousätzlech Awunner ze schafen.

Mee firwat brénge mer et net fäerdeg, schnell a bezuelbar ze bauen? Et kann ee sécher verschidde

Reegele vereinfachen, erliichteren, Prozeduren och vereinfachen an erliichteren. An awer komme mir net derlaanscht, eis mat der Fro ze beschäftegen, wéi dann all déi Terraine gehéieren a wat den Interêt vun den eenzelne Besëtzer ass.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Laut der leschter Etüd vu Raum+ läit just eng Minoritéit vun den Terrainen fir de Wunnungsbau an der ëffentlecher Hand. De Staat a seng Fonge maachen nëmme 6 % aus an d'Gemengen nëmme 7 %. D'Majoritéit läit an der privater Hand; ech sinn net dat Éischt, wat et seet, et ass och scho virdru gesot ginn. Ganzer 64 % vum Bauland gehéiert dem Privaten an 20 % de private Gesellschaften. Dobäi ass et wichtege ze betounen, dass dës Besëtzer extreem konzentréiert ass. D'Hallschent vum Potentiel foncier, deen ee ka verbauen, fir do Wunnengen ze bauen, ass an der Hand vu knapp 3.500 Persounen!

Jo, den Job vun de Promoteuren ass et, Terrainen ze kafen, ze entwéckelen, ze verbauen an ze verkafen. Bis elo ass et och esou, dass si Terraine cumuléiert hunn, au fur et à mesure da lassgelooss hunn, am Sënn vun entwéckelt an da verkaaft, awer ouni weideren Drock, ouni Drock, dass ee misst an engem gewëssenen Zäitspalt eppes maachen an eppes entwéckelen.

Et mierkt een och, dass verschidden auslännesch Promoteuren, déi hei zu Lëtzebuerg méi tätég sinn, awer och vill méi dynamesch an och vill méi kuerzfristeg hir Terrainen entwéckelen. Constat bei de Privaten ass et, dass wann eleng déi privat Hand géif bauen, mer dat meeschte Potenzial hätte fir de Wunnraum. Mee op där anerer Säit ass et awer och natierlech déi Kategorie, déi am mannsten Interessi huet, iwwerhaupt eppes ze entwéckelen.

De Staat a seng Fonge besëtzen nëmme knapps 6 %, wéi ech virdru gesot hunn, vun den Terrainen, déi fir de Logement geduecht sinn. An dës Situatioun kënn am Fong doduerjer, dass mir jorelaang Terrainen verluer hunn duerch de Verkauf un de fréie Marché, well eeben alleguerten d'Sozialwunnengen, déi drop gebaut goufen, och verkaaft goufen.

An ech muss op dës Plaz och nach soen, dass mer leider haut nach ëmmer esou eng Situatioun hunn, dass verschidde Gemengen och Bauterraine verkafen. Ech hat nach extra eng Question parlementaire dozou gestallt, fir déi Situatioun ze verstoen, well beim beschte Wëllen ass dat an där aktueller Situatioun a Kris net ze verstoen!

Déi wichtege Fro ass: Wéi kënnen mir Terraine mobiliséieren? Jo, de Staat a seng Fonge mussen och hir Reserve mobiliséieren. De Logementsminister huet mat Projekte wéi Elmen, „Wunne mat der Woltz“, NeiSchmelz zu Diddeleng och eng richteg Wunnungsbauoffensiv lancéiert. Oft handelt et sech awer hei ëm al Industriebrachen, wou et natierlech vill méi laang dauert, fir déi ze sanéieren, ze entwéckelen an ze verbauen. Ouni Mobilisatioun vun den Terrainen, déi an der privater Hand sinn, komme mir net gutt virun.

Duerch en Incentive, eng Grondsteuer anzeféieren, kéint een dozou bäidroen, dass verschidde Projekte vill méi séier kéinten entwéckelt ginn. Et ass keng Steuer, duerch déi de Staat soll a ka räich ginn. Et soll net prioritär eng Steuer sinn, fir d'Leit ze besteieren, déi selwer an enger Wunneng sinn oder déi selwer op hirem Terrain wunnen. Et soll eng Méiglechkeet sinn, d'Leit ze encouragéieren an ze motivéieren, eppes mat hiren Terrainen ze maachen, déi meeschtens och broochleien. Et soll eng Steuer sinn also, fir Wunnraum ze mobiliséieren.

Fir ofzeschléissen dierf een awer natierlech och net déi wichtege Outilen an Instrumenter vum Staat vergiessen. Hei hu mer notament de rezente Pacte Logement 2.0 mat sengem Artikel 29bis, deen u sech erlaabt, en Undeel vun den Terrainen a vun de Wunnengen un déi ëffentlech Hand, sief et un d'Gemengen, sief et un de Ministère, gratis ofzetrieden. Mir hunn de Remembrement ministériel, wat et u sech erlaabt, Terrainen zesummesetzen, fir och méi séier kënnen PAPen ze entwéckelen, awer och, ganz wichtege, déi „obligation de développer et de construire“, de sougenannte Baulandvertrag.

Heimadder stelle mir sécher, dass bei all neiem Terrain, deen u sech an de Bauperimeter kënn, oder bei all neiem PAP, dee vun der Gemeng geneemegt gëtt, kuerzfristeg eng Bauobligatioun soll dropkommen. Firwat dat Ganz? Mee ganz einfach, fir dass mer net haut déi Baulücke vu muer schafen, déi u sech just déi Spekulation weiderhin undreiwien.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och der Madamm Ahmedova. Den nächsten ageschriwwene Riedner, dat kënn elo vläicht e bëssen iwwerraschend, ass den Här Marc Goergen.

Jo, ech gesinn do froend Gesichter bei eise Kollege vun déi Lénk. Kann et sinn, dass nach ee vun hinnen ageschriwwen war?

*(Interruption)*

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Mir hu just spekuléiert, firwat d'Kollege vun der ADR net schwätzen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Al Ma eng ganz gutt Erklärung: ...

**Une voix** | Si hunn näischt ze soen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | E kleng gesondheetleche Problem, an ech mengen, dat ass eng gutt Erklärung. An dann huet den Här Goergen d'Wuert. Well ech hunn nämlech hei och ... Jo?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Wann Der erlaabt, Här President, ech wollt deene Lénke soen, dass et dem Här Reding ganz schlecht ginn ass an dass en dofir huet missen heemgoen, elo kuerzfristeg.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Da wënsche mer em eng gutt Besserung.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dann dem Här Reding eng gutt Besserung. Jo, Här President, ech hat elo d'Sitzung och scho fäerdeg, soudass ech elo net esou iwwerrascht war.

Fir d'Éischt emol deene Lénke merci fir d'Ufro. Ech mengen, mir diskutéieren elo scho gefillt fir d'honertst iwwert d'Theema, mee gefillt kënnen mer net wirklech eppes a Gang setzen. Dat ass e bëssen de Problem, deen engem um Bauch läit. An ech mengen, et ass och dat de Problem, deen de Leit dobaussen e bëssen um Bauch läit, dass et einfach net virugeet, well d'Leit, déi ginn erwuessen, hunn hir 18 depasséiert, wëllen iergendwou wunne goen an et ass nach ëmmer keng Léisung do.

Deene Leit ass et zimmlech egal, wéi wéi vill Prozent herno huet oder a wéi enge Prozeduren iergendzousch eppes stécht. Déi erwaarde sech eigentlech vun de Parteien, a grad vun den dräi Regierungsparteien, dass se eng Léisung hunn, wann déi Jonk - oder u sech geet et jo an all d'Altersgruppen eran - eng Wunneng sichen, dass eng do ass an dass déi bezuelbar ass. Do kënnen mir esou vill Heure-d'actualitéen hunn oder soss iergendepes maachen: D'Leit hätte



gär eng Léisung! An ech mengen, do hunn déi dräi Regierungsparteien an de leschte Joren nawell kräfteg versot, soss misste mer net ëmmer erëm doriwwer diskutéieren.

Eis Positioun ass och do zimmlech schnell erkläert. Wann d'Gemengen oder de Staat den Terrain hunn, da solle se dee selwer bebauen. Fir eis kënn et net a Fro, dass deen an eng Vente geet. Ech weess, wéi et och ass an der Gemeengepolitik; ech streide mech do allkéiers, do ass d'CSV/LSAP, déi verkafen hott an har Terrainen, déi se eigentlech kéinte selwer bebauen. Bon, dann herno bauen d'Promoteuren, da kascht d'Appartement esou vill, dass kee sech et ka leeschten. Dat ass ee vun de Problemer.

Also mir als Piraten soe ganz kloer: D'ëffentlech Hand, wa se schonn Terrainen huet ... Ech kommen herno nach drop zrëck, wéi mer méi Terraine kréien. Wa mer schonn Terrainen hunn, solle mer se selwer bebauen a fir eis natierlech am Konzept vum Mietkauf, fir dass d'Leit sech och kënnen d'finanziell Moyene ginn, fir dat ze kafen. A wa se esou laang bezuelen, eng Aart Loyer herno bezuelen, dass se dat kënnen vum Staat ofkafen, awer mat der Klausel - an déi Klausel, déi ass ganz wichteg, fir dass mer d'Terrainen net erëm verléieren! -: Se dierfen net zrëck op de private Marché!

Et sinn nämlech nach ëmmer Projeten ënnerwee, wou d'Gemengen eppes gebaut hunn, wat zimmlech bëlle, zimmlech attraktiv war, an herno geet et fir e puer Milliounen dann op de private Marché. Och dat hate mer elo rezent bei mir an der Gemeng.

Dat ass eigentlech schlëmm! Do baut een iwwer e bëllege System, fir dass d'Leit de bezuelbare Wunraum kréien - wat mer ganz gutt fannen als Piraten -, awer herno lant et um private Marché. Dat kann net sinn! Do muss een einfach ganz kloer soen: Wann de Staat eppes baut, mussen mer vun de Gesetzter hier soen: Dat dierf herno net iergendwéi op engem private Marché landen, egal wéi et geet!

Mir Piraten hu jo och vir, d'Grondsteier ze reforméieren, well do eng Gesetzespropositioun eragi gouf. Bon, mir stinn och do zou. Ech weess, dass et net ëmmer populär ass, mee mir stinn dozou. Et muss kee massiv Terrainen horten. Mir sinn do der Meinung, dass een acht Ar fir sech selwer soll kënnen horten an acht Ar fir d'Kanner. Dat geet eiser Meinung no locker duer. Do kann een eppes Schéines drop bauen. Do kann een e gutt Liewe féieren.

Alles, wat driwwer geet, all déi grouss Zuelen, wou mer ... Et si jo elo e puer QPs hei betitelt ginn. Mir gëtt et ëmmer schwindeleg, wann ech do matkréien, wat eenzel Privatfirmen oder Privatleit un Terrainen hunn! Also et mengt een, déi kéinte muer en Disneyland hei zu Lëtzebuerg bauen, während anerer net wëssen, wou se solle wunne goen. Also dat ass jo e bësse verréckt, a wéi enge Moosse mer do schwätzen, wann 0,5 % vun de Leit iwwer 50 % vun den Terrainen hei horten. Also ech mengen, do muss een awer och eng Kéier kloer agestoen, dass d'Politik do versot huet.

Wa mer awer gären nei Terrainen hätten, da mussen mer op en anere Wee goen, an zwar mat deene Promoteuren. Jo, natierlech wëllen déi Gewënn maachen! Mee mir müssen awer kucken, dass mer hinne vläicht eng nei Formule ginn. Mir müssen net direkt, an ech verstinn dat och zum Deel ...

Den Här Kersch wollt mer eng Fro stellen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Selbstverständlech.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Däerf ech, Här President?

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Selbstverständlech, Här Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech hunn Iech elo gutt nogelauschert. Kéint ee sech drop eenegen, dass, wann déi Situatioun esou ass, wéi Dir se beschriwwen hutt, dass dann de Maart versot huet, dass ee muss an de Maart reglementaresch agraifen? Et ass nämlech dat, wouriwwer mer hei schwätzen. Fir einfach ze soen, „D'Politik huet versot“, an domadder och, „d'Regierungspolitik huet versot“, dat kann een zwar soen als Oppositionspolitiker, mee domat huet een awer näischt geännert.

Hei geet et jo emol drëms, fir en éierleche Constat ze maache vun der Situatioun. An et muss ee feststellen, dass de Maart déi do Problematik net ka léisen. Ech mengen, dat ass och vun Ärer Säit aus eng Kéier gesot ginn. Da wär et flott, wann Der dat och géift hei op der Tribün soen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | De Constat, dass de Maart dat net ka léisen, deen deele mer jo mat Iech. Mir hu jo och deementspriedend déi Gesetzespropos eraginn a mir hunn dat jo och schonn oft gesot. Mir soen awer och ganz kloer, dass d'Politik versot huet, andeems se vill ze vill liberal war iwwer alleguerten déi Joren an de Marché vill ze vill gewärde gelooss huet. Dat ass eise Constat, wou d'Politik versot huet. An do hätt d'Politik misse vill méi fréi agraifen, ier mer an där aktueller Situatioun waren, déi sech ëmmer erëm zouschärft.

Well 10 %, 12 %, Här Kersch, fannen ech net normal. An ech ginn Iech do vollkomme Recht, dass de Marché versot huet. D'Fro ass: Packe mir et hei am Parlament, genuch Stëmmen zesummenzekréien, fir elo an dee Marché anzegraifen? Oder ass dat net méiglech? An dat ass eeben déi kruzial Fro, déi sech herno och stellt fir d'Leit, déi dobaussen e Wunraum sichen. Wann hei nach ëmmer majoritär Parteie soen, se wélten net an dee Marché agraifen, hu mer e Problem, hu mer e politesche Problem. An da kënnen mer déi Situatioun net léisen. Dat ... Dir net, dat kann ech mer gutt virstellen, Här Kersch. Ech mengen, mir sinn och do ganz no beieneen. Aner Parteie leider net.

Just nach kuerz zum Constat, deen ech wollt bréngen, dass mer net onbedéngt mussen op de Wee goen, wann déi Promoteuren esou vill Bauland gehort hunn, fir hinnen dat ofzekafen oder ewechzehuelen, well dat ass natierlech och ëmmer méi e kriddleegt Thema, wéi wann een a Verhandlung geif goen.

An do denke mir Piraten un eng nei Formule vun enger Aart Leasing vum Bauterrain. Dat heescht: Wann déi Promoteuren déi Bauterrainen hunn a se kënnen awer aus finanziell Grënn oder soss iergendwelleche Grënn net higoen an déi bebauen, dass de Staat mat sengen Träger kann higoen an an enger Kooperatioun mat deenen, déi den Terrain hunn ... De Staat géif drop bauen an esou entspreichend déi Wunnenge schafen a kéint déi dann herno an engem Mietkauf verkafen, an engem Mietkauf ubidden.

Well de Problem läit jo doran: Et kann een net ëmmer null oder eent kucken, mee et muss ee kucken, dass ee souwuel déi privat Promoteure wéi de Staat an d'Gemengen zesummekritt. A firwat net op engem gemeinsame Projet? Well et geet jo u sech herno just dorëms, dass de Bierger eng Wunneng kritt, déi en och mat sengem normale Salaire nach ka bezuelen.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci.

Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Här Wunnengsbauminister. O,

den Här Kox, deen net esou behänd ass ewéi soss, mee awer näischt Schlëmmes.

### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | E bëssen ze vill Sport gemaach. Gutt.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dir musst schwamme goen.

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Merci, dass mer haut de Mëtten dës Debatt kënnen maachen. Dat gëtt mer och d'Geleeënheet, eng Rei Punkten hei unzeschwätzen, awer virun allem d'Strategie vum Wunnengsbau net nëmme vu mengem Haus, mee vun der gesamter Regierung awer och hei nach eng Kéier duerzeleeën.

Fir d'éischt wéilt ech awer och Merci soen, jo, fir alleguerten déi Suggestiounen, déi komm sinn, och eng Rei Motiounen, wou eng ganz Rei vun deene Motiounen u sech lafend och dauernd gemaach ginn, awer och schonn dauernd ëmgesat ginn.

Ech wëll direkt ufänke mam Potenzial. Ech hu fënnf Punkte geholl an den éischte Punkt ass dee vum Potenzial.

Dat ass emol déi éischt Feststellung: Mir hu Potenzial innerhalb vun eise PAGen an déi si bekannt. An natierlech gouf hei och vun der Mobiliséierung geschwat an dat ass d'Regierung och amgaang ëmzesetzen. Ech wëll fir d'éischt emol op déi Nott selwer agoen, déi 29. A wann ech 29 soen, dann ass et jo schonn 28 virdrun, an Dir wësst, viru Kuerzem hu mer och eng 30er Nott presentéiert. Dat ass d'Aufgab vum Wunnengsbauministère, fir zesumme mam Observatoire de l'habitat, an dat a Kooperatioun mam LISER, genau eeben déi Donnéeën endlech ze kréien, fir eng kohärent Politik kënnen ze maachen!

Well ouni déi Donnéeën si mer blann, an dofir ass dat doten eng ganz wichteg Etüd gewiescht niewent all deenen Etüden, déi mer virdu schonn op den Instanzewege ginn hunn, fir dann d'Politicken och entspreichend ze orientéieren.

Derbäi kënnt déi Raum+Etüd, déi jo domat zesummenhängt, déi zesumme mat de Gemenge gemaach gouf, wou d'Gemenge selwer Abléck kritt hunn, wat leeft an hire Gemengen, wat leeft mat hiren Terrainen, wie wou a wéi ass. An dofir ass dat ganz wichteg, e ganz wichtige Outil, fir eppes kënnen ze maachen.

*(Interruption)*

Wat d'Resultat ubelaangt ...

Et ass alles an der Rei dohannen, et ass keen ëmgefall. Et ass just d'Regierung, déi wackelt dohannen.

*(Hilarité générale)*

Ok, mee mir sinn erëm fest am Suedel. Mir sinn erëm fest am Suedel.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Also, Här Kox, soulaang wéi se nëmme wackelt an net fält, ass alles an der Rei.

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Mir sinn net gefall. Mir stinn nach all oder mir setzen nach prett.

Jo, dës Etüd ass méi genau ginn an dofir war et esou wichteg, dass mer dat gemaach hunn. An zesumme mat de Gemengen! Mir sinn op d'Gemenge gaangen. Ech mengen, de Moment si mer bei 92 Gemengen, déi am Raum+Kader matgaange sinn. Et sinn der nach 8 oder 9 vun 102, déi nach mussen erakommen. An et ass eebe méi genau gekuckt ginn. Dofir si mer op déi 2.700 Hektar komm, déi u sech present sinn am Perimeter. A mat den Densitéiten, déi haut virgesi sinn op deenen Terrainen, komme mer op 300.000 Awunner, déi mer hunn.



Et gouf schonn op d'Opdeelung agaangen. Jo, et läit ganz vill a privater Hand an et läit net grad vill an der ëffentlecher Hand. An ech kann do och direkt schonn op eng Motioun äntwerten: D'Strategie si mer amgaang a mir kafe jo ..., dat fannt Der jo am Fonds spécial zréck, dass mer Bauland mëttlerweil kafen, ganz bewosst akafe ginn do, wou et sënnvoll ass, an och emol eng Kéier iwwert de Perimeter eraus, wann et längerfristeg eng Plaz ass, déi éischters de Krittäre vun der Landesplanung, de Krittäre vun der Mobilitéit, de Krittäre vun der Densitéit an esou weider kann entsprechen.

An do mécht de Finanzministère enner eiser Mathëllef déi néideg Demarchen, fir dann och un déi Terrainen ze kommen. Dat ass eng Motioun, déi u sech d'office scho gemaach gëtt. An dat ass jo d'Resultat, wat am Fonds spécial ass, dee mer jo am Mee presentéieren, wat mer och ëmmer hei kunddinn, dass mer ganz aktiv do amgaange sinn, dat ze maachen.

Also mir brauchen net onbedéngt eng Perimetererweiderung. Et huet och kee Sënn vun der längerfristeger Mobiliséierung hier, mee mir müssen innerhalb vum Perimeter ganz kloer d'Mobiliséierung méi séier hikeréien.

Dann dat Zweet: Jo, de Staat iwwerhëlt seng Verantwortung an e mécht dat ganz offensiv! Vlächit fir d'éischt: D'Strategie doranner ass, dass mer an déi Abordabilitéit investéieren - well mir hunn nëmmen 2 % vun de Wunnengen, déi an der ëffentlecher Hand sinn -, a wa mer d'Locatioun kucken, ass se nach ganz katastrophal. An do muss mer e Stack vun ëffentleche Wunnengen opbauen an dat am léifsten, an dat ass mäi Wonsch, a Richtung vun deem Seuil, wou haut den Aarmutsrisiko ass.

Mir wëssen, den Aarmutsrisiko ass bei 17 an esou vill Prozent, bei 17 %, 18 %. Mir müssen et eng Kéier fäerdegbréngen, an déi Richtung ze goen, dass mer eisem Ussproch vun der Verfassung och gerecht ginn, wunnen dinn a jiddwerengem en Daach iwwert dem Kapp kënne garantéieren. Dat brauch Zäit, mee mir si gutt ennerwee a mir maachen och déi ganz gutt Zesummenaarbecht, déi mer och mat de Gemengen ugaange sinn.

Awer ech kommen drop zréck, wat dës Regierung mat Iech zesummen awer hei scho lancéiert huet iwwert déi lescht annerhallef Joer.

Zesummegerechent sinn dat iwwer eng Milliard Projeten, déi mer lancéiert hunn! Ech ziele se op: Dat ass Elmen, et ass Wooltz, et ass Mamer, wou mer amgaang sinn dat ëmzesetzen. An Diddeleng hu mer deposéiert. De Staatsrot huet aviséiert. Mir wäerten deemnächst zréck an d'Chamberskommissioun kommen. Dann ass deen och derbäi. An de Syrdall ass mat derbäi.

Mee hutt Der gekuckt, wéi vill Invest de Staat muss maache fir d'Sanéierung? Hutt Der gekuckt, wien dann elo déi Terrainen do huet fir ze mobiliséieren? Dat ass de Staat! Et ass de Staat, deen déi muss sanéieren, well de Private leider net do ass, an et ass de Staat, deen immens muss investéieren.

Am Syrdall hu misse Renaturéierung gemaach ginn, ginn och gemaach an déi ganz Terraine muss mer kënne maachen. Dofir ass et schwéier, ëmmer de Fonds du logement dohinnerzestellen, e géif net weiderkommen. Mee dee mécht déi schwierigste Terrainen, mobiliséiert déi schwierigste Terrainen hei am Land! A vill mobiliséiert en, an derbäi huet en de gréisste Park u Locatiounswunnengen, nämlech 2.100. An dofir soll een dat net vergläichen.

Si si complémentaire mat deem anere Promoteur public SNHBM. Jo, op Elmen war et méi einfach. Do

hate mer d'Opportunitéit fir ze bauen, awer do kéinte mer ... an do si mer jo amgaang, och vun der Rationalitéit, och vun de Suen, déi mer investéieren, a méi eng Densitéit wëllen erazekommen. Dat heescht, mir si ganz gutt ennerwee vum Staat. A wann Der Iech de Fonds spécial ukuckt: Mir sinn iwwert déi lescht Joren ...

*(Interruption par M. Marc Lies)*

Loosst mech dat nach weidermaachen, Här Lies!

Wann Der de Fonds spécial ukuckt: Wou kouw en hier? Virun 2017 ware mer iwwert zéng Joer bei 40 Milliounen an der Moyenne, déi de Staat investéiert huet, 2018: 71, 2019: 84, 2020: 96, 2021: 170 Milliounen, d'Estimatioun fir dëst Joer: 300 Milliounen a fir d'nächst Joer: 320 Milliounen. Dës Regierung hält Geld an de Grapp, fir dass d'ëffentlech Hand investéiert, fir dass d'Gemenge Subside kréien, fir dass si kënne investéieren. An et sinn och Suen do fir Allergueren déi, déi an d'Abordabilitéit wëllen investéieren.

Dofir kommen ech bei de ganz wichtege Partner, nämlech d'Gemengen. Mir loosse déi net am Stéch! Et gëtt ëmmer gesot vun der Verantwortung, jo, dass just d'Gemengen d'Verantwortung ... Ech hunn et hei scho gesot: Et ass eng Responsabilité partagée. Et ass net de Staat, deen d'Autorité communale huet! Et ass net de Staat, deen en autoriséiert. Et sinn d'Gemengen! Mir brauche se, d'Gemengen, a mir ennerstëtzen d'Gemengen!

A mir ennerstëtze se éischters mat Suen, Suen iwwert de Fonds spécial. Ech gräife schonn eng Zuel vir: 44 Projete goufen d'lescht Joer subventionéiert, an dovunner waren et 33 Milliounen. Dat ass dat, wat elo am Fonds spécial steet fir d'Gemengen.

Mir ennerstëtze se och mat deem neie Projet fir de Logement abordable, nämlech iwwert de Bailleur social. Dat ass jo deen, deen herno d'Locatioun soll geréieren, dee soll kucken, dass déi richteg Leit och an déi richteg Wunneng kommen. An dofir kritt en och Geld. Och d'Gemenge wäerten dofir elo honoriéiert ginn, fir dee Bailleur social nom richtige Modus, no de richtige Krittären och kënne ze maachen. An dat ass eng ganz wichteg Ennerstëtzung fir d'Gemengen, well dat hu se ëmmer gefuerdert an dat kréie se.

An ech hoffen och, dass déi 40 Milliounen, déi virgesi sinn am Pacte Logement, déi jo elo méi zilorientéiert sinn - déi si jo elo zilorientéiert op d'Kreatioun vun abordabele Wunnengen -, dass déi esou schnell wéi méiglech lassginn aus deem Fonds, dass se un d'Gemenge ginn. An dofir brauche mer déi Kooperatioun.

Dann hu mer d'Berodung erabruucht, d'Berodung, ganz wichteg fir d'Gemengen. Déi war jo ëmmer eng Demande. An dat sinn 320 Stonnen, bis 320 Stonne fir d'Gemengen. Dat si mëttlerweil 30 extern Beroder an 10 intern Beroder, well et gëtt Gemengen, déi dat intern gemaach hunn. Dat heescht, dat kascht jo och Geld! De Staat investéiert an d'ëffentlech Berodung, fir dass d'Gemengen och dat Richteg kënne upaken. Si si Facilitateur. Si sollen dat och zesumme mat de Gemengen ëmsetzen. Dofir ass dat ganz wichteg.

An dann, zu den Terraine muss ech soen ... Den Artikel 29 ass genannt ginn, de Marché ass gesot gi vum Här Kersch virdrun, dass mer an de Marché müssen agraifen. Jo, mir hunn eng Formule fonnt, zesummen, op eng ganz konstruktiv Aart a Weis, mam Bausecteur. Mir hu gekuckt: Wéi kënne mer et fäerdegbréngen, dass gebaut gëtt, dass méi rationell gebaut gëtt? An dohannen nickt een, deen och an der Diskussioun mat derbäi war. Wéi kënne mer rational

bauen op deene Plazen, wou et och sënnvoll ass, méi an d'Héicht? A gläichzäiteg awer ..., an dat ass den Terrain neutraliséieren.

Mir hunn den Terrain neutraliséiert. Mir kréien deen u sech gratis zur Verfügung gestallt. An deen, dee baut ... An da kënnt eng Fro. Een huet gesot, ech hat vergiess, mer et opzeschreien, vun der Abannung - ech mengen, den Här Cruchten -, d'Abannung vun der Privatwirtschaft. Ma si sinn et, déi bauen! Mir hunn hei an där Formule mat dragesat, dass si fir d'ëffentlech Hand mat kënne bauen, mat deem Cahier des charges, dee mir am Ministère ginn hunn, dass net gëlle Klensche gemaach ginn, mee dass rationell, awer gutt, awer an enger héijer Qualité de vie dat och gemaach gëtt. Dofir ass dat ganz wichteg.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Dat ass e ganz wichteg Instrument, wat mer erabruucht hunn. Natierlech kënne mer do nach driwwer diskutéieren: Ass dat wäit genuch? Geet dat och an den Interieur vum Perimeter? Well do ass jo nach eng Lück, wou mer mussen goen. Ech mengen awer, dass dës Regierung an der Zesummenaarbecht tëschent verschidde Ministère eng ganz Rei vun Instrumenter do niddergeluecht huet, fir dat unzuegoen.

An da kommen ech zu deem Punkt, deen u sech och zur Debatt steet, wéi mer déi Mobiliséierung fäerdegbréngen. An do sinn d'Instrumenter, d'Instrumenter sinn ennerwee. Mir sinn an der Diskussioun a mir hunn d'Zouso ginn als Regierung an de Premierminister hei bei der Debatt vun der Lag vun der Natioun, dass mer un déi Grondsteuer ginn, dass mer un eng national Grondsteuer, eng Mobiliséierungsgrondsteuer ginn, fir grad do anzewierken, dass déi leersteeënd Wunnengen, déi an der Unzuel vlächit vun engem gréissere Promoteur gehale ginn, successiv, awer och progressiv iwwert d'Zäit besteiert ginn, dass déi och kënne mobiliséiert ginn. An do sti mer dozou. Do sinn dräi Ministeren engagéiert ënnert der Leedung hei vum Taina Bofferding. Wat d'Grondsteuer ubelaangt, do sinn de Logementsminister an d'Finanzministesch mat am Boot, fir dat doten ze maachen.

Dann: D'Leerstandssteuer ass och genannt ginn. Do si mir mat am Lead an déi dräi Ministeren wäerten do och eng Léisung fannen, fir dat kënne unzuegoen.

An da wëll ech awer och e Wuert verléieren iwwert de Baulandvertrag, deen ennerwee ass. Ech hoffen, dass en och endlech aviséiert gëtt vum Staatsrot - ech wëll kengem ze no trieden -, well do ass e ganz wichteg Instrument dran: nämlech de Remembrement ministériel. Ech hunn en als Buergermeeschter deemools vermësst. Ech hat en och mat an d'Koalitiounsverträge. Mir hunn doriwwer diskutéiert, vill a laang, well dat ass en Instrument, wat et fäerdegbréngt, Terrainen ze mobiliséieren innerhalb vum Perimeter, wou Dir, déi an de Gemenge sidd, wou d'Terrainen ...

Den Här Lies huet virdru gesot: „Mat engem ass gutt ze verhandelen, mat zwee ass et ok. A wann et der zéng sinn, ass een do, dee seet Nee, da geet et net weider.“ Mee dat Instrument hu mer säit de 60er-Joren - ech mengen, et war 1964 -, op der Musel: Dat nennt sech Remembrement viticole.

Et wär kee Remembrement op der ganzer Musel entstanden, wa mer dat net esou gereegelt hätten, dass eng Majoritéit ... Mir hunn och nach e Punktesystem erausfonnt, wéi dat am beschte kann ëmgesat ginn, mee et ass ëmgesat ginn! Säit 50 Joer gëtt dat Instrument ëmgesat! Mir müssen et och am Logement maachen!

An et ass dat Haaptinstrument fir d'Mobiliséierung am besteende Perimeter, wou d'Gemengen de Lead



kennen iwwerhuelen, wou se duerch d'Berodung Hëllefstellung kréien, wéi se dat ugin. Dir wësst, den Interieur huet d'Cellule d'évaluation ganz opgestockt. Mir hunn eis Berodungsstrukture massiv opgestockt. An dann, mengen ech, kréie mer dat doten an de Grëff.

Ech kommen deemno zum Schluss.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kox, erlaabt Der, datt den Här Lies Iech eng Fro stellt?

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | A jo, pardon! Ech hat e vergiess.

**M. Marc Lies** (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt dem Här Kox, dem Minister, eng Fro stellen. Ech mengen, d'Regierung beluebt sech ëmmer ëm de Projet zu Elmen, wat, mengen ech, och am Numm vun der CSV natierlech ervirzehiewen ass. E flotte Projet, en interessante Projet, e Projet, wou an deenen nächste Jore ganz vill Wunnenge wäerten ëmgesat ginn.

Ech hat virdrun och a mengem Exposé gesot, datt et hautzudaags natierlech awer ëmmer méi schwéier gëtt, fir innerhalb vum Perimeter, opgrond vun de Baupraxis, iwwerhaupt nach erschwéngleche Wunnengsbau kënnen ze realiséieren.

Duerfir wollt ech dem Här Kox d'Fro stellen, vu datt effektiv fir Elmen viru Joren awer eng Modification ponctuelle vum PAG gemaach ginn ass, dat heescht eng Extensiou vum Perimeter, ob d'Regierung respektiv de Minister dann awer nach ëmmer zu där Praxis steet, datt esou Projeten, déi dës Regierung effektiv ëmmer nees ervirhieft ... - wat och ee flotten, interessanten a gudde Projet ass -, ob d'Regierung an Zukunft nach op dee Wee geet. Merci.

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Et ass Jein. Ech hat virdrun, am Ufank vu mengem Exposé, gesot, dass et net ausgeschloss ass. An ech hat virdru gesot: Déi néideg Krittären - Ëmwelt, Transport, ëffentlech Hand an esou weider an d'Opportunitéit vum Präis - musse stëmmen, fir dass mer op dee Wee ginn.

Wann ech awer elo kucken, wou mer Perimetererweiderunge maachen an Der en plus ..., gëtt dat e schéint Bild aus, wou déi Terraine leien: Ganz vill am Norden, ganz vill. Do, wou d'Konzentratioun ass, hu mer net esou vill Terrain, mee an der ländlecher Region hu mir immens vill Terrain zur Verfügung. A wa mer do erweideren, da kréien ech gar d'Diskussioun iwwert d'Densitéit, wat mer dann do hibauen, well soss ass rationell ..., well soss gëtt et ..., mir kënnen et net bezuelen.

Wa mer kucken zu Elmen, dat ass jo d'Diskussioun, ech si frou, dass mer déi kënne féieren, ganz open a ganz konstruktiv an offensiv souguer, proaktiv mat der Gemeng vun ...

**Une voix** | Kielen.

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | ... Kielen - pardon, ech hunn elo net ..., ech hunn Iech elo dauernd gekuckt, ech sinn net drop komm -, dass mer och méi dense mussen bauen. Mir haten d'Diskussioun zu Diddeleng, wou mer gudd, propper Léisunge fonnt hunn, fir an der Rationalitéit ... Do, wou mer Terrainen hunn, musse mer kënnen eng Densitéit maachen, awer ni op d'Käschte vun der Wunnqualität!

Mir mussen et fäerdegbréngen, déi Rückerobierung vum ëffentleche Raum. Dat hu mer zu Elmen fäerdegbruecht, zu Wolz maache mer et, zu Diddeleng maache mer et, dass den ëffentleche Raum net erëm nëmme fir den Auto iwwreg ass, mee dass mer eng gewësse Masse critique kréie vu Leit, déi zesumme kommen, fir dass do e Commerce ... De Mëttelstandsminister ass do: Fir dass e Commerce kann entstoen,

brauche mer Leit! A wa keng Leit zesumme wunnen an engem Lotissement ... Gitt, fuert all duerch déi Lotissementer, déi mer da jee ... - näischt zu deenen, déi an de 60er-, 70er-, 80er-Jore gebaut gi sinn -: Do ka kee Commerce entstoen! Do ka kee Commerce entstoen, well mer net déi Masse critique hu vu Leit, déi do kënnen akafe kommen!

Mir mussen et awer fäerdegbréngen, déi Mobilitéit, déi ëmmer en Hindernis ass, fir méi eng Densitéit an eng Wunneng oder an e Quartier eranzekréien, an d'Hand ze kréien. Dat hu mer zu Elmen fäerdegbruecht, andeem mer eng Konzentratioun vun den Autoen an d'Parkhaier gemaach hunn. Dat bréngt mer zu Wolz fäerdeg. Dat bréngt mer zu Diddeleng fäerdeg. An dat sinn déi Konzepte, déi mer brauchen, fir dass den ëffentleche Raum do ass fir eis, fir Iech allegueren, fir dass Commerce kënnen do entstoen, fir dass e Liewe kann entstoen, fir dass d'Liewensqualität kann erakommen.

An dofir, mengen ech, leie mer op enger Linn. Mee mir mussen awer oppassen do, wou mer erweideren. An iwwert d'Diskussioun vun der Densitéit wëll ech Iech jo gär ... Dir kennt déi Diskussioun an Äre Gemengen, wat et heescht, e Projet an d'Liewen ze ruffen an dann, wann ee mat abordable Wunnenge kënnt ... Dir kennt eng Diskussioun, wou sechs Wunnenge sollte gebaut ginn, wou 120 Petitiounen do sinn. Ech mengen, déi Diskussioun musse mer féieren. Mir mussen déi gudd féieren, zesumme féieren. Mee ech si jiddefalls bereet, dat mat Iech zesummen ze maachen.

An zu der Motioun: Ech mengen, et ass d'Presidentin, déi do kuerz Stellung dozou hält. Et sinn eng ganz Rei Punkten, déi maache mer souwisou. Ech hunn awer guer kee Problem, dat an enger Kommissiounssitzung eng Kéier ze diskutéieren. Well et sinn eng Rei Punkten, déi natierlech an de Ressort vun der Inneministesch ginn. An à vous le choix. Ech denken awer, dass ech zu där enger oder där anerer Motioun eppes ka soen, wa se herno muss ofgestëmmt ginn.

Merci!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kox.

Dann nach Parole après ministre fir d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Ech hätt nach zwou, dräi kleng Froen un den Här Minister, wou en, mengen ech - op jidde Fall fir mech, fir mäi Verständnis -, net ganz kloer drop agaangen ass.

Dat Éischt war d'Fro, wéini dann elo genau déi Grondsteierreform géif kommen - well dat ass jo awer dat, wou Der ëmmer erëm drop hiweist -, also wierklech konkret.

Dat anert wär d'Reform vum Virkafrecht, wou dee GT drun ass.

An dann, dat Drëtt wär de Fonds spécial. Dir sot, Zitat, Dir wiert do amgaange mat enger Strategie, well mir no enger Strategie géife froen. Kënnt Dir eis nach eng Kéier soen, wat genau do virgesinn ass?

Villmools merci!

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Also déi dräi Punkten ... Elo hunn ech den éischte schonn erëm vergiess, pardon!

Nee, ech kommen ... Et kënnt doriwwer eraus, also d'Preemptioun ass amgaang. Mir si plus ou moins fäerdeg. Déi éischt war sécher ..., dat war jo déi Wichtigst, wou mer iwwerall drop weisen. Ech hunn hei nach ... Et soll een net dräi Saache matenee maachen. Déi éischt Fro ass d'Grondsteier. Do si mer ganz intensiv um Schaffen. D'Inneministesch huet ...,

déi Formel ass prett. Mir wäerten eis d'nächst Woch zesummesetzen, och zu dräi Ministeren. De Premier huet hei d'Guideline ginn, a mir halen déi an!

Mir halen déi bei deenen dräi Theemen an, un deene mer amgaang sinn ze schaffen, fir dass dat bis déi nächst Ried vun der Lag vun der Natioun hei wäert kënne presentéiert ginn, soudass mer dat och anhalen bei deenen dräi Elementer, wou mer dru schaffen. Och d'Leerstandssteier. A mir hunn Diskussioun mam Syvicol, déi ganz positiv verlafen. Dat wäerte mer ganz kloer maachen.

D'Preemptioun: Ech kucken hei op den eminente Member aus dem Stater Schafferot, wou mer ganz vill driwwer diskutéiert hunn. Mir sinn an der leschter Ligne droite. Mir hunn och Consultatioun mat de Gemengen op deem Punkt, fir dass mer dat Gesetz och kënnen hei deposéieren.

An d'Strategie, déi gëtt et jo schonn! Well wann Der kuckt: Am Fonds spécial vum leschte Joer hate mer fir - et ass nach net vill, awer - 21 Milliounen Terrainen akaaft. An déi Strategie maache mer zesummen. Mir hunn e Comité d'acquisition. Dee Comité d'acquisition ass ënnert der Fiederféierung vum Finanzministère. A mir gi geziilt allkéiers un Terrainen erun, wou d'Opportunitéit sech ergëtt, do gi mer aktiv akafen, fir dass mer déi Terraine kréien, fir spéider kënnen eng Kéier bebaut ze ginn.

An déi Strategie gëtt et. Mir kënne se gären eng Kéier am Detail an enger Chamberskommissioun diskutéieren, wéi mer virginn - ech hunn domat absolutt kee Problem -, wou dann och déijéineg Spezialisten do derbäi sinn. Mir kucken nämlech ëmmer, wéi déi Terrainen orientéiert sinn, wat fir eng Densitéit kann dohinne kommen. Mir kucken, an Ofsprooch mat de Gemengen, wéi sënnavoll dat ass op deene Plazen. An da maache mir déi Demarche natierlech ëmmer, wann de Portmonni dat hiergëtt, fir do dann och den Invest kënnen ze maachen. An dat ass an de leschte Jore jo och scho gemaach ginn an et gëtt ëmmer méi intensiv gemaach. An iwwerregens kënne mer am Mee am Fonds spécial dann och op d'Resultater vun 2021 zrëckkommen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Logementsminister Henri Kox.

**Motions**

Mir kënnen dese Punkt awer net ofschléissen, ouni zu de Motiounen ze kommen.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vun deene Lénken deposéiert ginn ass an déi d'Asetzung vun engem Guichet unique freet, fir de Suivi vun de Baugeneemungen en matière de logement beim Staat a bei de Gemengen ze suivéieren. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? D'Madamm Ahmedova.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Ech géif einfach virschloen ... Also et kann ee wierklech iwwer alles diskutéieren a mir kënnen dat gären nach eng Kéier an d'Kommissioun huelen, fir doriwwer ze diskutéieren. Mee dat ass effektiv och eng Saach vu Gemengekompetenzen. Mee wéi gesot, ech géif proposéieren, datt mer dat an d'Kommissioun huelen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Ahmedova. D'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, ech begreissen dat. Also mir géifen dat ganz gär esou maachen. Jo. Villmools merci.



**Vote sur la motion 1**

**M. Fernand Etgen**, Président | Wien ass d'accord, dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen? Dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Domadder muss dann d'Kommissioun sech mat där doter Motioun befaassen.

*(La motion n° 1 de Mme Nathalie Oberweis est renvoyée à la Commission du Logement.)*

**Motion 2**

Da komme mer zur Motioun Nummer 2, wou eebe gefrot gëtt, datt bei all Gemeng den Terrain, dee constructible ass, soll publizéiert ginn. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? D'Madamm Ahmedova.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Jo, merci nach eng Kéier, Här President. Ech géif och hei proposéieren, datt mer déi Motioun einfach an d'Kommissioun huelen, fir driwwer ze diskutéieren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Ahmedova. Dann huet den Här Marc Lies d'Wuert gefrot.

**M. Marc Lies** (CSV) | Nee.

**M. Fernand Etgen**, Président | Nee. D'Madamm Nathalie Oberweis als Auteure.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, och dat ass an der Rei fir eis. Merci.

**Vote sur la motion 2**

**M. Fernand Etgen**, Président | Wien ass d'accord, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen?

Domadder muss d'Kommissioun sech och ëm dës Motioun bekëmmern.

*(La motion n° 2 de Mme Nathalie Oberweis est renvoyée à la Commission du Logement.)*

**Motion 3**

Da komme mer zur Motioun Nummer 3, wou gefrot gëtt, fir eng besser Prospektioun ze developpéieren, fir eebe Wunnland, Bauland ze fannen. D'Madamm Ahmedova nach.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Jo, merci nach eng Kéier. Also mir haten dat Theema och schonn an der Kommissioun diskutéiert. Mee dat ass effektiv och nëmme mëndlech diskutéiert ginn. Dofir hei och weider déi Propos, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze huelen. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Madamm Oberweis wénkt och hei jo.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, an och, well de Minister jo elo grad gesot huet, hie géif eis dann och hir Strategie virstellen, déi et scho gëtt. Dat heescht, dat kéint een dann effektiv esou maachen. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis.

**Vote sur la motion 3**

Wien ass d'accord, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen?

Dann ass dat och domadder esou decidéiert.

*(La motion n° 3 de Mme Nathalie Oberweis est renvoyée à la Commission du Logement.)*

**Motion 4**

Da komme mer zur Motioun Nummer 4. Wie wëllt dann zu där nach d'Wuert ergräifen? D'Madamm Ahmedova.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Jo, merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Hei muss een awer dozou soen, datt mer dem Marché public ënnerworf sinn. A mir hunn och scho Promoteur-publicken an deem Sënn, d'SNHBM an de Fonds du logement. Mee wéi gesot: Also et kann een iwwer alles diskutéieren. An och hei, nach eng Kéier, géif ech proposéieren, datt mer dat an d'Kommissioun huelen.

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, fir ze kucken, fir d'Faisabilitéit emol ze studiéieren. Dat heescht, ech begréissen och dat, dass mer dat an der Kommissioun kucken. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. Den Här Marc Lies.

**Une voix** | Nee.

**M. Fernand Etgen**, Président | Neen.

**Vote sur la motion 4**

Bon dann, wien ass d'accord, fir och d'Motioun Nummer 4 an d'Kommissioun ze verweisen?

Dann ass och dat esou decidéiert.

*(La motion n° 4 de Mme Nathalie Oberweis est renvoyée à la Commission du Logement.)*

**Motion 5**

Da komme mer zur Motioun Nummer 5, wou gefrot gëtt, eng Evaluatioun ze maachen iwwert déi verschidde Mechanismen aus dem Pacte Logement 2.0 a wou et besonnesch ëm den Artikel 29bis vum Gesetz vum 2004 geet. An d'Madamm Ahmedova huet d'Wuert gefrot.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Jo merci, Här President. Hei ass et esou, datt mer effektiv e Suivi gefrot hunn. Dat steet och am Gesetz. Mir haten och dee Moment, wou mer iwwert de Pacte Logement geschwat hunn, eng Motioun deponéiert, wou dat och kloer drasteet. A wéi gesot, nach eng Kéier, dat steet och am Gesetz.

An an deem Sënn, fanne mer, mécht et kee Sënn, dës Motioun och an d'Kommissioun ze huelen. An et kann een effektiv driwwer diskutéieren, mee et brauch een eng gewëssen Zäit, mengen ech, fir eng Evaluatioun iwwer eppes ze maachen. Dat ass elo grad a Kraaft getrueden. Ech mengen, do kann ee vläicht an engem, zwee Joer nach eng Kéier dat Ganzt maachen. Mee wéi gesot, nach eng Kéier, et steet och am Gesetz, datt dat virgesinn ass. An an deem Sënn géif ech proposéieren, datt mer dës Motioun einfach net matdroen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Ahmedova. Da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Also deen éischten Tiert, deen éischten Invite, domat kënne mer liewen, mat enger Evaluatioun. Dat ass kloer. Mee deen zweeten ass awer fir eis scho problematesch, well mir et awer wierklech gutt fannen, dass déi Unzuel un abordable Wunnenge soll an d'Luucht goen. An dofir: Mir verstinn net wierklech, wat den Hannergedanken ass dovunner. Mir gesinn dat also elo emol net esou favorabel. Mir géifen hei dann och eng Abstentioun maachen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An da geet d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Lies.

**M. Marc Lies** (CSV) | Jo, merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt dat awer erklären, firwat dës

Motioun agereecht ginn ass. Ech hat et virdrun och kuerz an deene fénnef Minutten, wou mer iwwert dës Sujet diskutéiert hunn, enoncéiert.

De Problem mat dem Artikel 29bis mam Aménagement communal ass deen: Et geet net ëm d'Abordabilitéit vun de Wunnengen, déi solle geschafft ginn - also dat ass net de Sujet vun där ganzer Saach -, mee et ass dee prozedurale Problem, deen do hannendrustécht, dee mer an de Gemengen elo an deene leschten Deeg och manifestement gesinn hunn.

Mat dem Datum vum 18. Februar ass et esou, datt effektiv een Delai do ofgelaf ass, fir nach kënne PAPen eranzereechen opgrond vun deem ale Regimm. An d'Gemengen, respektiv eng Partie Gemengen, hunn do manifestement awer PAPen detektéiert, hallef fäerdeg PAPen, déi wierklech net d'Strooss halen a wou extreem vill Problemer an deenen nächste Wochen a Méint wäerten optrieden.

Bon, ech mengen, do wäerten de Logementsministère respektiv och den Interieursministère nach eng sëllege Kéieren abordéiert ginn, wat dann dës PAPen ugeet, déi net fäerdeg an d'Prozedur geschéckt gi sinn, fir dat ze evaluéieren.

Et geet net ëm den Taux vun deem, wat effektiv herno soll ëmgesat ginn. Do, am Kader vum Pacte-Logements-Gesetz, hat d'CSV souguer nach méi héich Taux gefrot, wat d'Abordabilitéit ugeet. Dofir geet et net ëm den Taux dovunner, mee et geet einfach emol drëm, datt den Artikel 29bis eis an de Gemengen extreem vill Problemer a Suergen à ce stade mécht an och an deenen nächste Wochen a Méint wäert maachen. A mir sinn der Meenung, datt an deenen nächste Méint sécherlech net allze vill Pape wäerten agereecht ginn, well d'Problematik hannendrun esou grouss ass, fir dat ëmzesetzen.

Soudatt dat de Fin Mot vun dëser Motioun ass, déi mer awer als extreem wichteg an och kruzial ugesinn, wat eeben d'Ëmsetzung vun neie PAPen ugeet an dann awer och de Bau vun neie Wunnengen hannendrun. Wa keng Pape kommen, ginn och keng Wunnenge gebaut. Wa keng Wunnenge gebaut ginn, ginn och keng erschwénglech Wunnenge gebaut. An dat ass de Problem hannert deem Ganzen. An duerfir dës Motioun.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Lies. Dir hutt de Ministère ugeschwat, an de Minister huet scho laang d'Wuert gefrot a kritt et och.

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Just an dësem ganz spezielle Fall. Mir hate jo eng Question parlementaire dozou. Déi ass viru Kuerzem och nach beäntwert ginn. An ënner anerem ass eng Circulaire derbäi gewiescht, déi vun der Inneministesch a vu mir mat ënnerschriften ginn ass a wou ganz genau op déi Problematik agaange ginn ass a wou d'Inneministesch ganz kloer drop higewisen huet. Si geet ... Ech mengen, mir sollten och do déi Acteuren ..., an ech kucken op de President, de Sycol, fir dass mer mat den Acteuren direkt kucken. Ech mengen net, dass et elo Sënn mécht, nach eng Kéier an der Chamberskommissioun driwwer ze diskutéieren, mee et mécht Sënn, dat mat de Gemengen unzegoen.

An dat ass jo awer och de Mot gewiescht oder den Usproch an där Circulaire, wou d'Inneministesch ganz kloer gesot huet, dass se wëlt offensiv un d'Gemengen erugeen, mat eisem Pas, wat de Cahier des charges ubelaangt. A mir kommen op Iech zrëck, ganz kloer. Dofir mengen ech: D'Acteuren um Terrain sinn déi Wichtigst, fir dat ëmzesetzen.



A wann do aus deenen Diskussiounen, legislativer oder wat och ëmmer ... Du kanns net haut scho legislativ Änderunge maachen, et ass emol nach net an der Ëmsetzung. An dofir, mengen ech, ass et wichteg, dass mer dat op deem Terrain do loossen, wou et u sech elo schonn ugekënnegt ass a wou d'Leit och déi entsprechend Demarchë maachen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kox. An ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zréck un den Här Lies.

**M. Marc Lies (CSV)** | Merci, Här President. Ganz séier. Wann ech den Här Minister elo richteg verstane hunn, da soll jo eng Evaluatioun gemaach ginn. An, bon, ech mengen, dat entsprécht jo genau deem, wat mer hei froen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Lies. Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott iwwert déi Motioun kommen.

#### Vote sur la motion 5

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 25 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen a 4 Enthaltungen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert (par M. Jean-Paul Schaaf), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Gilles Roth) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

### 11. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la situation du secteur de l'Horeca après 2 ans de pandémie

D'Chamber féiert haut de Mëtteg eng aner Aktualitéitsstonn iwwert d'Situatioun vum Horeca-Secteur zwee Joer nom Ufank vun der Pandemie, déi d'CSV-Fraktioun ugefrot huet.

Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Carole Hartmann, d'Madamm Tess Burton, d'Madamm Semiray Ahmedova, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Sven Clement.

An d'Wuert huet elo den Här Félix Eischen als Vertrieeder vun der CSV-Fraktioun, déi dës Heure d'actualité ugefrot huet. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

#### Exposé

**M. Félix Eischen (CSV)** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, d'Pandemie war fir

ons all eng ganz schwéier Zäit. Besonnesch schwéier war se awer fir all déi, déi weinst Corona an Existenznout gerode sinn an alles hu missen drusetzen, fir finanziell ze iwwerliewen.

An enger Rëtsch Beräicher war dat de Fall, mee et hat awer ganz massiv den Horeca-Secteur getraff. Vill Cafetieren, Restaurateuren an Hotellieren hei am Land ass et genau esou gaangen. An no zwee Joer Pandemie a Confinement sti se schwéier ugeschloen do a kucke ganz groussen Erausforderungen entgéint.

Et soll ee wëssen: Den Horeca-Secteur, dat ass net iergendee Secteur, mee ee vun de wichtegsten aus der Lëtzebuurger Ekonomik, dee mat ronn 2.780 Betriber an 20.000 Beschäftigten - dat war de Stand 2019 - järelech iwwer zwou Milliarden Euro Chiffre d'affaires mécht an esou direkt an indirekt 6,8 % zum PIB bäidréit.

Wa mer vum Horeca-Secteur schwätzen, da schwätze mer awer net nëmme vu Caféen, Hotellen a Restaurants, mee mir schwätzen och a virun allem iwwer privat Existenzen, iwwer privat Leit oder souguer ganz Familljen, déi de Courage haten an hunn, sech selbstänneg ze maachen, e Betrib ze grënnen an Aarbechtsplazen ze schafen, dëst trotz héijen Oplagen, Ressourceproblemer an enger ongewësser Zukunft.

Si iwwerhuele Responsabilitéit fir sech selwer an hir Salariéen a schaffen dacks méi wéi 12, 14 Stonnen den Dag, fir hire Betrib um Lafen ze halen, an dat op enger Rëtsch Plazen - dat muss een och eng Kéier ënnersträichen - fir de Mindestloun.

Dëst kraazt natierlech un der Attraktivitéit vum Beruff, an esou ass et net verwonnerlech, dass de Run op dës Spart, dee souwiso ni ganz héich war, nach ëmmer méi ofhëlt. Net manner wéi 2.000 Leit huet de Secteur an de leschten zwee Joer verluer - 2.000 Leit! -, dat si ronn 10 %, Leit, déi schwéierlech erëmzekeré sinn, och wann et elo erëm besser geet. Et gëtt ganz einfach e massive Personalproblem am Secteur. Hei misst sécher nach méi an d'Bildung an an d'Weiderbildung investéiert ginn, fir d'Attraktivitéit vum Beruff ze steigern. D'Flexibilitéit vun der Aarbecht kéint de Secteur méi attraktiv maachen. Mat neien Zäitmodeller kéint déi sougenannte Work-Life-Balance verbessert ginn.

E Wuert vläicht nach iwwert den Image de marque: Op ville Plazen am Ausland ass e Maître d'hôtel, e sougenannten Directeur de la restauration oder och ganz einfach e Sommelier quelqu'un. Dës respektabel Vue op de Beruff gëtt et leider hei zu Lëtzebuerg manner an dat ass e ganz grouss Problem.

Den Horeca-Secteur ass awer och e Secteur, deem säin histoireschen, kulturellen a soziale Stewäert net ze ënnerschätzen ass. Well wann déi zwee lescht Joren ons eppes geléiert hunn, dann ass et och dat, dass et esou schéi ka sinn, zesumme mat Frënn a Famill an de Restaurant ze goen, eppes ze iessen oder no der Aarbecht e Patt drénken ze goen. Virun allem dann, wann een dat dann net méi kann, weess een, wéi schéin dat dann ass. Et ass immens wichteg, dass d'Chamber haut emol iwwert d'Situatioun am Horeca-Secteur diskutéiert a sech mat den Doleancen ausernanersetzt.

Déi sanitär Kris, Dir Dammen an Dir Hären, huet gewisen: Fir en Etablissement am Secteur ze féieren, braucht et Flexibilitéit an allen Hिसichten. Dat wëllt an dësen Zäiten och soen, dass ee sech vun haut op muer den neie Gegebenheete muss upassen, dëst, well eng Legislatioun dacks changéiert, d'Personal, wéi gesot, schwéier ze fannen ass an eng Clientèle, ënner anerem weinst de Mesuren, hir Konsumgewunnechte changéiert huet.

Vill Clientèle ass schlussendlech och ewechbliwwen weinst dem Teletravail. Elo kann a soll een den Teletravail och gutt fannen, mee et ass ganz einfach en Deel Clientèle, deen net méi do ass. Et ass schonn an normalen Zäiten net einfach, e Betrib ze féieren, well et ënner anerem, wéi gesot, immens schwéier ass, Personal ze fannen, mee d'Pandemie huet vill Etablissementer un de Bord vun der Existenz bruecht.

De Secteur war der Situatioun immens ausgeléiwert, ma wéi et schéngt - sou ass et och aus dem Secteur ze héieren -, gouf et keng ganz glécklech Kommunikatioun mat der Santé. Och bis haut gëtt net verstane, wat Sënn an Zweck vun de Spärstonne sollt gewiescht sinn.

Vun engem Dag op deen anere stoungen also hei am Land ganz vill Betriber, Caféen, Restaurants, och Hotelle stonneweis oder ganz eidel, an dat heescht dann och eidel Keesen. Duerch d'Ëmstellung zum Deel op Livraison à domicile, gouf sech e bësse Loft verschafft. Ënnert dem Stréch awer bleift en zolitten Abroch am Émsaz queesch duerch d'Branchen.

Ganz dramatesch ass et fir d'Haiser, déi sech an den Traiteur-Service spezialiséiert hunn an déi och do am Evenementiel schaffen. Hei bloufen d'Kachmaschinnen an der Kiche ganz dacks aus a se si bis haut och nach net vill ugaangen.

Jo, d'Betriber krute generéis Aidë vum Staat. Dat muss een esou soen. Mee déi hu plazeweis och just gehollef, fir déi lafend Käschten ze decken a sech knapps iwwer Waasser ze halen. Mir si Fäll bekannt - an ech hat mat enger Rëtsch Acteuren aus dem Secteur rieds -, do hu Familljebetriber hiert Tafelsëlwer verkaaft, fir finanziell ze iwwerliewen, oder hu sech bei der Famill verschélt, well se op der Bank näischt méi kruten.

Et ass e Fait, dass et an dësen Zäiten immens schwéier ass fir e Betrib aus dem Horeca-Secteur, Sue vun der Bank ze kréien. Hei gëtt vum Terrain zum Beispill e Fonds de garantie étatique an d'Spill bruecht, fir dass d'Betriber erëm Sue geléint kréien op de Banken. Mee, wéi gesot, et gouf ganz dacks op d'Familljen zréckgegraff an dëst huet déi selwecht mat a Bedrängnis bruecht.

Op ville Plaze gëtt och aus der Reserv geschafft, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Dat geet vun 1.000, 2.000, 3.000 Euro de Mount fir déi méi kleng Haiser bis iwwer 100.000 Euro de Mount fir déi grouss Gruppen. Hei ass virun allem den Hotelsecteur betraff. A wéi ee sech ka virstellen, ass op enger Rëtsch Adressen näischt méi an dëser Reserv dran.

Wéi gesot, ass zemools an der Hotellerie d'Situatioun ganz prekär, wou de Lëtzebuurger Territoire riskéiert, e ganz aarmt Gebitt ze ginn. D'Betriber schwätzen hei vun 30 % Chiffre d'affaires par rapport zum Joer 2019. Vill Hotelsbetriber si reegelrecht a schlechten Dicher. De Businessclient feelt komplett an d'Geschäft mam Tourist zitt nëmme lues a lues erëm un. Dofir rífft och hei de Secteur no méi laangfristegen Hëllef, ganz speziell och fir d'Hotellerie.

Da muss een - dat ass en Detail, mee en ass net oninteressant - dem Horeca-Secteur awer och zegutthalen, dass vill Aidë geholl goufen, fir d'Scholden zréckzebezuelen. D'Schold bei der CNS ass vu quasi 150 Milliounen op ënner 40 Milliounen zréckgaangen, an dat duerch d'Bank mat 35 % manner Émsaz.

Mech stëmmt, Dir Dammen an Dir Hären, déi ganz Situatioun éierlech gesot e bëssen traureg, well déi Leit aus dem Horeca-Secteur schwéier fir hiert Geld schaf-fen an elo ouni Reserven a mat vill Schold do stinn an an eng ongewëss Zukunft blécken. Well, obwuel et an de Restaurants net méi deementspriedend vill



sanitär Restriktionen wäert ginn, sinn nach esou munch schwaarz Wolleken um Himmel ze gesinn.

Eng méi däischter op dësem Himmel ass déi vun der Inflation a vun der Präisdeierrecht. Duerch de Krich, dee mer elo an Europa hunn, gëtt et haut Stëmmen, déi soen, dass mir mat enger Inflation vu bis zu 6 % ze rechnen hunn. Mee net nëmmen d'privat Stéit si momentan mat héijen Energiekäschten an héije Liewensmëttelpräisser geplot, mee och d'Betriben am Horeca-Secteur. D'Präisser op der Wuer si carrément explodéiert. Och dëst bedeit natierlech eng weider Baisse um Revenu.

Wann een un eng Cafésconsommation denkt, dann denkt een nieft dem gudden Patt vun der Musel och un eise Béier. Ein unhand vun Béier léisst sech déi Präisexplosionen nawell relativ gutt illustréieren: Bei engem Verkaufspreis vun 2,60 Euro de Mini, mécht de Präis vum Béier elo selwer 78 Cents aus. A wann een d'Käschten dann alleguerten ofgerechent huet, da bleiwen dem Wiert nach - wat mengt Der? - 26 Cent. Dat si ronn 10 %. Da muss dee selwechte scho relativ vill zapen, fir zu sengem ze kommen! Mat 26 Cent Marge bénéficiaire ass et sécherlech net einfach, e Betrib um Lafen ze halen. Ech mengen, do si mer eis alleguerten eens. Oder en hieft seng Präisser, an da si mer erëm alleguerte rosen.

Hei gëtt gefrot, ob et net méiglech wier, d'TVA op dem alkoholeschen Gedränk ofzesetzen, well e Konsument ass net méi bereet - och, well e mat Momenter net kann -, déi Haussen ze akzeptéieren, déi néideg si fir d'Iwwerliewe vun de Betriben.

Am Dezember - dat ass och en Detail, mee et ass keen onweesentlechen, dat ass haaptsächlech fir déi Stater Betriben e grouse Problem gewiescht - sinn déi Stater Caféen a Restauranten dunn nach eng Kéier bei d'Liste gelooss ginn, wann een esou wëllt. Se hu misse béisse fir eppes, woufir se net konnten: Dat waren déi massiv Manifestationen an der Stad. Do si ganz vill Leit einfach ewechbliwwen an hunn natierlech och keen Etablissement opgesicht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass awer och Liicht um Enn vum Tunnel, well ëmmer méi Leit geimpt sinn an elo geschwënn d'Fréijoer kënnt an dann och erëm méi Leit op d'Terrass ginn, an dat ass och gutt esou. Ze vill Optimismus ass awer par konter och net ubruecht an ech kann nëmme virdru warnen, d'Aidë fir d'Independanten an d'Betriben ze fréi auslafen ze loosse. Ech sinn dowéinst ganz frou driwwer, dass d'Chamber d'Motioun vu mengem Kolleg, dem Marc Spautz, ugeholl huet, fir d'Aidë prinzipiell soulaang ze verlängeren, wéi et néideg ass.

Zousätzlech wëll ech dozou eng Motioun deposéieren, fir d'Echeance vun de Remboursementen vun den Avancen, gradesou wéi d'Bezuele vun de Steieren a vun de Cotisations sociales op den 31. Dezember 2022 ze reportéieren.

**M. Laurent Mosar (CSV) | Très bien!**

**M. Félix Eischen (CSV) |** Wannechgelift, Här President.

## Motion 1

*La Chambre des Députés,*

- reconnaissant que beaucoup d'entreprises luxembourgeoises du secteur de l'Horeca souffrent et continuent à souffrir des répercussions financières de la pandémie du Covid-19 et des mesures sanitaires y afférentes ;

- craignant que la pandémie ne se poursuive au-delà du premier semestre de 2022 ;

- soucieuse de la précarité de nombreux restaurants, cafés et hôtels sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg,

*invite le Gouvernement à*

- reporter jusqu'au 31 décembre 2022 les échéances pour le remboursement de toute avance perçue par l'État luxembourgeois ainsi que pour le paiement des impôts et des cotisations sociales.

(s.) Félix Eischen, Nancy Arendt épouse Kemp, Emile Eicher, Max Hengel, Marc Spautz.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Eischen.

**M. Félix Eischen (CSV) |** Mir als Chamber an als Politik mussen awer och eng Kéier kucken, wat mer maache kënnen, fir den Horeca-Secteur iwwert den Zäitraum vun der Pandemie eraus ze stäerken, an dofir bräichte mer e gutt Bild vun der Realitéit. Dowéinst wëll ech dann och an deem Sënn nach eng weider Motioun deposéieren, fir d'Regierung opzufueren, eng representativ Émfro bei den Acteuren vum Horeca-Secteur duerchzuféieren, mam Zil, ons a konkreeten Zuelen ze weisen, wou de Schong dréckt a wat hei déi Haapt-doleancë sinn.

Voilà! Här President, wannechgelift.

## Motion 2

*La Chambre des Députés,*

- consciente de la précarité de nombreux restaurants, cafés et hôtels au Luxembourg ;

- déterminée à soutenir la relance économique du secteur de l'Horeca ;

*invite le Gouvernement*

- à mettre en oeuvre un sondage représentatif auprès des cafetiers, restaurateurs et hôteliers du Luxembourg sur la situation du secteur de l'Horeca avec le but de déboucher dans une étude approfondie sur ledit secteur.

(s.) Félix Eischen, Nancy Arendt épouse Kemp, Emile Eicher, Max Hengel, Marc Spautz.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci.

**M. Félix Eischen (CSV) |** Dir Dammen an Dir Hären, loosst ons als Politik d'Betriben vum Horeca-Secteur net am Ree stoe loosse a loosst ons driwwer nodenken, wéi mer dee Secteur gestärkt kréien, dëst, fir datt mer net nach méi Dierfer kréien, déi just nach aus Dortoirë bestinn a wou et schwéier ass, en Duerfliegen opkommen ze loosse. Well wa mer et fäerdegbréngen, den Horeca-Secteur ze stäerken, da stärke mer och onse Mëttelstand an ons Wirtschaft.

Merci fir d'Nolauschtenen.

**Plusieurs voix |** Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Eischen.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann agedroen. Madamm Carole Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

## Débat

**Mme Carole Hartmann (DP) |** Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, als Éischt de Kollege vun der CSV, an dem Kolleg Félix Eischen virun allem, Merci, fir déi Aktualitéitsstonn hei ugefrot ze hunn.

Ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens heibanen, dass den Horeca-Secteur et déi lescht zwee Joer wirklech net einfach hat. Vill Restriktionen, déi beschloss goufen, fir d'Coronapandemie an de Grëff ze kréien, hu grad hire Secteur getraff. Jo, Caféen, Restauranten, Hoteller an Discoe si gesellege Plazen, wou een zesummen eppes ésst an drénkt an, jo, sech och gären heiansdo mol e bësse méi nokënn. Leider sinn dat och dowéinst Plazen, wou de Virus et méi einfach hat, fir sech ze verbreed. Dowéinst hu si och misse phaseweis ganz zoubleiwen, éischter

zoumaachen, Tester ubidden oder och de CovidCheck maachen. Dat alles war net einfach fir dese Secteur. Mee - an dat muss een hinnen héichhalen - si hunn awer matgemaach a ware permanent och en Deel vun der Léisung, fir d'Verbreedung vun dem Virus anzedämmen.

Dat Schlëmmst fir en Horeca-Betrib ass natierlech, wann e guer net ka schaffen. Dofir sinn ech frou, datt eis Regierung probéiert huet, déi Phasen, wou de Secteur ganz zou war, esou kuerz wéi méiglech ze halen. Wann ee Lëtzebuerg mat eisen Nopeschlänner vergläicht, da mierkt een och, datt eis Restauranten a Caféen während der leschter Well net méi ganz zougemaach goufen, esou wéi dat awer an anere Länner de Fall war. Mam CovidCheck hu mir en Instrument, dat et erlaabt, ënner bestëmmte Konditionen d'Clienten trotzdem weider ze empfangen.

Donieft hu mir Hëllefsmesuren op d'Bee gestallt, déi sengesgläichen an Europa sichen: de Chômage partiel, Indemnitéite fir Independanten, Microentreprises a PMEen, Avances remboursables, Garanties étatiques, d'Kompensationen vun der Augmentation vum Mindestloun an, besonnesch wichteg fir den Horeca-Secteur, d'Aide de relance an d'Aide coûts non-couverts. Wat eis dobäi wichteg war, ass, datt mer des Hëllef ganz flexibel gestalt hunn a se reegelméisseg un d'Situatioun vun der Pandemie ugepasst hunn.

Et si während deene leschten zwee Joer immens vill Suen, notamment vum Mëttelstandsministère, deblockéiert ginn. Wéi vill et der entre-temps sinn, dat kann de Lex Delles eis bestëmmt herno och méi genau soen. Ech woen och ze behaapten, datt des Hëlfe eise Betriben enorm gehollef hunn. Dem Staat war et wichteg, datt mer déi Betriben, déi besonnesch schwéier vun der Kris betraff waren an absolutt näischt dofir konnten, net géifen am Ree stoe loosse.

Eng ganz innovativ Hëllef war och déi vum Lex Delles initiéiert Bongenaktioun, wou mat 50 Euro d'Vakanz doheem gefërdert ginn ass an déi och e grouse Succès, notamment fir eis Hotelieren a Campingbedreier, war. An dach hate vill Horeca-Betriben déi lescht zwee Joer och emol Existenzängscht. Si haten Angscht, datt dee Betrib, dee si opgebaut hunn iwwer Joren, vläicht misst zoumaachen, obwuel se dat an der x-ter Generatioun alles opgebaut haten.

An der Restauratioun huet och den Teletravail - et ass schonn ugeschwat ginn - fir manner Frequentatioun gesuergt. An der Stad an och besonnesch um Kierchbiereg hu vill Restauranten dee Phenomeen gespuert. Am ländlechen Raum, par konter - dat war awer och interessant ze gesinn -, si vill Restauranten trotzdem vill frequentéiert ginn, wat en aneren Effekt war wéi deen, dee mer hei an der Hauptstadt gesinn hunn.

Generell ass mir perséinlech opgefall, wéi upassungs-fäeg de ganze Secteur awer während der Kris war. Vill Betriben hu während der Pandemie souguer d'Opportunitéit gesinn, fir hire Businessmodell unzepassen a si hu während dem Lockdown ugefaangen, nei Modelle ze entwéckelen, op de Liwwerservice iwwerzegoen oder och den Takeaway unzebidden. Och a schwierigen Zäite sinn deemno nei Weeër ageschloe ginn an den Entrepreneursgeescht ass héichgehal. Dat muss mer dese Betriben och héich urenken!

Well d'Economie lues awer sécher nees dréit, komme mir elo an eng Phasing-out-Phase, wou d'Hëlfe iwwert déi nächst Méint lues a lues erfoginn an duerno auslafen. Ech sinn awer iwwerzeegt, datt e Betrib, dee virun der Kris gutt gefouert gouf, et och wäert packen, fir no der Kris erëm duerchgestarten.

Här President, wéi d'Restauranten an d'Caféen bis zou waren, huet ee gemierkt, datt awer eppes feelt. Et ass elo un eis alleguerten an u jidderengem dobaussen,



fir erëm vun der Geleeënheet ze profitéieren, an eis Restaurants ze goen, an eis Caféen e Patt drénken ze goen an och weiderhi Vakanz doheem ze maachen, sou wéi dat de leschte Summer ganz vill gemaach ginn ass. Dofir ass déi beschte Hëllef, déi mer kënnen ginn, mengen ech, selwer vun dem Secteur ze profitéieren an en och weiderhin ze ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hartmann. An da wier et un der honorabler Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Tess Burton (LSAP)** | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng Fermeture obligatoire, eng Spärstonn ab 18.00 oder 23.00 Auer, Distanz tëschent den Dëscher, limitéiert Unzuel vu Leit op den Dëscher, CovidCheck - jo, sou loosse sech déi lescht zwee Joer am Horeca-Secteur wuel leider vun engem negative Point de vue resüméieren.

Liwwerdénsgscht, Takeaway, innovativ Konzepter, Vakanz doheem: Dat sinn awer déi positiv Punkten, déi een ervirsträiche kann. Mee ganz kloer muss ee soen, dass et keng einfach Zäit war fir all Cafés-, Club-, Bar-, Restaurants-, Hotel- oder Campingbesëtzer. Dat selwecht gëllt fir hiert Personal, wat an deem Beräich schafft. Et ass wuel dee Secteur, deem am härteste vun de Covidrestriktiounen getraff war an deelweis nach ass.

D'Regierung hat d'Situatioun permanent am An an huet hir Aiden ëmmer erëm un d'Situatioun ugepasst. Ech schwätzen hei vun der Aide de relance an der Aide pour coûts non-couverts, déi mer schonn eefleml heibannen ugepasst hunn. Mee ech schwätzen awer och vum Chômage partiel an allen aneren Aktiounen, wéi zum Beispill d'Iwwernuechtungsbongen, déi d'Regierung ënnerholl huet, fir dese Secteur sou gutt wéi méiglech duerch dës Kris ze bréngen.

Wann ee sech d'Zuele vum Chômage partiel méi genau ukuckt, dann ass et den Horeca-Beräich, deem hei am meeschte vun der Regierung ënnerstëtzt gouf. 255 Milliounen Euro si säit der Pandemie vun der Regierung a Form vu Chômage partiel fir 20.000 Leit, déi an deem Beräich schaffen, ausbezuel ginn. Dëst entsprécht méi wéi 20 % vum ganze Chômage partiel, deem an der Pandemie bis elo vum Staat un d'Betriber ausbezuel ginn ass.

Interessant ass et och, e Bléck op d'Faillitten an deem Secteur ze werfen, wou mer bis elo verschount bliwwen sinn. Während der Pandemie gouf et an deem Beräich souguer manner Faillitten ewéi virun der Pandemie. Déi lescht Zuelen, déi de Statec verëffentlecht huet, weisen do 68 Faillitte fir d'Joer 2021 op, am Verglach mam Joer 2019, wou et der nach 129 an deem Secteur waren.

Här President, et ass wichteg, dass een um Enn vun dëser Pandemie eng Evaluatioun mécht. Am Verglach mam Ausland war d'Regierung mam Horeca-Beräich ganz generéis. Do war et interessant, eng Kéier méi genau op dës Zuelen anzegoen. Mee och eis Gemengen hunn an der Pandemie gehollef, den Horeca-Beräich ze ënnerstëtzen. Ech denken hei u Loyereren oder un Taxen, déi net verrechent gi sinn. Och hei war et interessant, genau Zuelen ze hunn, wéi vill d'Gemengen hei de Secteur ënnerstëtzt hunn. A wann een d'Loyereren uschwätzt, war et och interessant ze wëssen, wéi déi privat Proprietäre reagéiert hunn, ob si och den Horeca-Beräich ënnerstëtzt hunn an op en Deel vun hirem Loyer verzichten hunn.

Här President, wann an dëser Aktualitéitsstonn gefrot gëtt, d'Situatioun am Horeca-Beräich no zwee Joer

Pandemie ze hannerfroen, wéll ech awer net nëmmen no hannen, mee haaptsächlech no vir kucken, an dat mat e puer Froen un den zoustänneg Minister:

Wat fir Konsequenzen zitt de Secteur aus dëser Zäit? Op där enger Säit ass do wuel e Changement vun der Clientèle ze vermieren, wat d'Iwwernuechtungen betrëfft. De Business-tourismus ass a bleift wichteg fir Lëtzebuerg - mee grad fir d'Betriber am Zentrum vum Land ass et schwierig ginn -, dese wäert awer wéinst der Digitalisatioun, déi duerch de Covid eng nei Bedeutung kritt huet, dee Secteur laangfristeg verännere. Dofir ass et wichteg, dass d'Regierung dës Betriber dobäi ënnerstëtzt, sech unzepassen, an och all Effort mécht, fir dass Lëtzebuerg weiderhin eng attraktiv Destinatioun fir de MICE-Tourismus bleift.

Am Géigenzuch kënn awer d'Vakanz doheem méi op. Duerch d'Aktioun mat de Vakanzbonge krut de Lëtzeburger e richtegen Incentive, fir och emol säin eegent Land ze entdecken. Natierlech net jiddereen, mee vill Leit profitéieren säitdeem och ouni Bong weider, a vill méi wéi virdrun, vun der touristescher Offer hei zu Lëtzebuerg.

Mat engem Bléck op eis Campinger, beispillsweis am Mëllerdall, déi immens gutt lafen, stellt een och fest, dass vill Leit aus den Nopeschlänner manner op wäit Distanze setzen, mee Lëtzebuerg nees nei entdeckt hunn an hir Vakanz erëm ëmmer méi hei zu Lëtzebuerg verbréngen. Dat ass e wichteg Constat, dee weider ënnerstëtzt an ausgebaut muss ginn.

An deem Kontext wollt ech de Minister froen, wéi hien an Zukunft de MICE-Tourismus ënnerstëtzen an ausbaue wëllt a wéi de Minister weiderhi Lëtzebuerg als eng attraktiv Destinatioun fir d'Touriste weiderentwéckele wëllt. Wéi gesäit et aus mam Plan quinquennal fir den Tourismus? Kann dësen trotz Pandemie dës Joer wéi virgesinn ofgeschloss ginn, respektiv wéi lafen d'Preparatiounen fir den nächste Fënnfjoresplang fir den Tourismus?

Här President, d'LSAP steet hannert dem Horeca-Secteur, well wat wier grad Lëtzebuerg ouni seng vill flott Caféen, Restaurants, Hotellen, Wäistuffen a Campingen? À court terme muss mer dofir d'Hëllef weider sou einfach wéi méiglech zougänglech maachen an den Horeca-Beräich weider duerch dës Pandemie begleeden. Mëttel- a laangfristeg muss mer awer investéieren an en innovativen, modernen an nohaltegen Tourismus, deem trotzdeem traditionsbewusst fonctionéiert. Lëtzebuerg braucht e staarken Horeca-Secteur.

An domadder soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Burton. An da wier et un der honorabler Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Semiray Ahmedova (déi gréng)** | Merci, Här President. Déi zwee Covidjore waren eng ganz schwéier Zäit, fir net ze soen, eng ganz schwaarz Zäit fir den Horeca-Beräich. Et ass dee Secteur, deem am meeschten ënnert de Covidmesurë gelidden huet. Engersäits huet e misse ganz laang zoumaachen. An dunn, wou en erëm opgoung, hat en net genuch Leit, déi dohinner gaange sinn, well déi Leit eeben - legitim - och Angscht hatten, sech ze infizéieren. Den Tourismus a Geschäftstreesen, dovunner mol guer net ze schwätzen, well déi sinn zäitweis och ganz ausgefall.

D'Zuele vum Statec weisen, dass am Joer 2020 d'Consommation vun de Menagen fir d'Restauratioun ëm 40 % a fir d'Caféen am Ganzen ëm 62 %

erofgaangen ass. Gläichzäitig ass d'Consommation vun Takeaway a Livraisons ëm 24 % geklommen.

An d'Restaurants hu sech och do mat neien Iddien an neien Offeren un déi ganz nei Situatioun ugepasst. Dat huet ville Restaurants gehollef, aus der Kris oder duerch d'Kris ze kommen, mee natierlech huet et net de ganze Verloscht ofgedeckt.

Trotzdeem gesi mir bis elo keng gréisser Faillitten am Horeca-Beräich. Et ass souguer ganz interessant ze beobachten, dass virun der Pandemie u sech méi Faillitten do waren an deem Beräich wéi während der Pandemie selwer. Dat ass wuel de Verdénsgscht vum Staat mat de generéisene Hëlfe, déi a Milliounenhéicht ausgedeelt goufen.

Den Horeca-Secteur huet also zwee schwaarz Joren hanner sech, mee et kéint ee mat Virsicht awer scho bal soen, dass déi momentan Perspektiv eng ganz positiv ass.

De Constat ass, dass am drëtten Trimester 2021 d'Chiffre-d'affaire bei de Restauratiounen just ëm 5 % manner ware wéi am Joer 2019, dat heescht virun der Pandemie. Par contre, bei de Kantinnen an den Hotel-ler si mer awer leider nach ëmmer bei 35 % gewiescht.

Duerch déi besser sanitär Situatioun an d'Ewechfale vu ville Mesurë kënnen d'Cafetieren, d'Restaurateuren an d'Hotelieren optimistescher op d'Fréijoer an op den nächste Summer kucken.

Trotz dësem virsichtegen Optimismus ass de Secteur mat enger Rei Defie konfrontéiert. Wa mer kuerzfristeg kucken, besteet de Risiko, dass d'Pandemie am nächsten Hierscht vläicht nees méi schlémm gëtt, d'Infektionszuele vläicht erëm klammen an doduerjer vläicht erëm nei restriktiv Mesurë mussen geholl ginn, an doduerjer natierlech och d'Consommation erëm ofhëlt, wat mer natierlech net hoffen a wou mer net oft genuch soe kënnen: D'Impfung ass awer nach ëmmer do an d'Impfung ass och wichteg!

Am Fall vun enger neier Restriktioun ass et fir eis och kloer, dass de Staat dem Horeca-Secteur erëm ënnert d'Äerm gräifen an hëlfe muss.

De Risiko vun der klammender Inflation kéint och zu manner Kafkraaft fir d'Stéit féieren an doduerjer och indirekt den Horeca-Beräich impaktéieren. D'Mesuren, fir d'Kafkraaft ze stäerken, sinn indirekt Mesuren, déi dann och dem Horeca-Beräich zegutt géife kommen. Sou hu mer zum Beispill d'Erhéijung vun der Allocation de vie chère ëm 200 Euro ab dem 1. Januar an d'Reindexatioun vum Kannergeld gehat, fir der just e puer ze nennen. Doriwwer eraus hu mir als Chamber d'Regierung opgefuerdert, weider gezielt Mesuren ze ergreifen, fir d'Kafkraaft am Kontext vun der aktueller Inflation ze stäerken.

E weideren Aspekt, deem och mat der Kafkraaft ze dinn huet, sinn d'Chèque-repasen, déi vill Salariéë vum Patron kréien an déi steierlech begënschtegt sinn. Dës Chèque-repase goufen awer zënter 2017 net méi ugepasst a wësend, dass de maximale Montant bei 10,80 Euro läit, ass et och schwéier, sech e Menu du jour domadder bezuelen ze kënnen, zemoos wann een hei an der Stad schafft.

Dofir begrëssen ech u sech, dass d'Finanzministesch dat lo souzesoen um Radar huet a gesot huet, dass dat Ganzt mat enger nächster Reform wäert ugepasst ginn. Och dat kéim natierlech der Restauratioun zegutt.

Mëttel- a laangfristeg besteet awer och de Risiko vun engem Réckgang vun der Demande am Horeca-Beräich duerch den Teletravail. Den Teletravail huet onser serviceorientierter Economie gehollef, an der Pandemie ze fonctionéieren, mee fir den Horeca war



den Impakt u sech negativ, well d'Demande doduerjer zrëckgaangen ass. Den Teletravail wäert och no der Pandemie weider eng Realitéit bleiwen, wann och sécherlech net esou staark wéi während dem Héichpunkt vun der Pandemie, wou ganzer 52 % vun de Leit vun doheem aus geschafft hunn.

Dat ass insgesamt awer positiv, well engersäits erlabe mer ville Leit, also ville Salariéen, eng gewësse Flexibilitéit. Mir hu manner Trafick op eise Stroossen, doduerjer natierlech och manner Käschtchen, déi domadder verbonne sinn, an natierlech och de positiven Impakt op d'Émwelt.

Dëst ass sécher en Defi, mee et kéint een dat Ganzt awer och als eng Opportunitéit gesinn. Wann d'Leit méi vun doheem aus schaffen, besteet d'Méiglechkeet, datt den Duerfkär och méi beliebt gëtt an den Horeca-Beräich kéint sech méi ausbreeden an der Peripherie an och am ländleche Raum.

Dann, fir zum Schluss ze kommen: D'Betribler aus dem Horeca souwéi déi ganz Ekonomie hunn och e Rôle ze spillen an der Transitioun hin zur Klimaneutralitéit, déi mer alleguerten zesummen als Gesellschaft mussen hëkieren. D'Konsumentinnen an d'Konsumente fuerderen ëmmer méi lokal, nohalteg, saisonal Liewensmëttel, awer och vegan a vegetaresch Optioune. Och hei muss sech de Secteur upassen an nei Konzepter ausschaffen, fir och weiderhi kompetitiv ze bleiwen. Mee ech sinn do ganz zouversichtlech, well de Wandel gesi mer awer och elo schonn, deen ass amgaangen.

Fir eis ass et kloer, datt mer als Politik dëse wichtege Secteur bei all dësen Defie mussen ënnerstëtzen. An dat net just am Fall, wou déi sanitär Kris erëm sollt méi schlëmm ginn, mee och iwwert d'Pandemie eraus.

Merci villmools fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Ahmedova. An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci villmools.

(Brouhaha)

Ma da misste mer jo alleguer elo séier een drénke goen, fir dem Secteur ganz schnell ënnert d'Äerm ze gräifen. Dat wier jo dann dat Besch, wat mer hei kéinte maachen.

(Interruptions)

Här President, den Horeca-Secteur huet et a viller Hisiicht schwéier. Dat ass net aleng duerch d'Coronapandemie daitlech ginn, mee och scho virdru wat dat de Fall. Déi wuel stäerkste Belaaschtung fir Restaurants, Imbissen a Bistroe sinn déi héich Immobiliepräisser an déi domat verbonnen héich Loyerer. Besonnesch déi kleng Betribler, Restaurants a Bistroe, déi just e klengt Lokal bedreiwen - an dat ass d'Majoritéit - sinn dovunner betraff. A well se aner Fixkäschten, wéi zum Beispill d'Kontabilitéit, aleng iwwer ee Betrib ofdecke mussen, ass dat net esou einfach.

Déi héich Präisser gi vollkommen zu Recht an éischer Linn am Logement thematiséiert. Mee si treffen eeben och d'Commerçanten, virewech eeben d'Restaurants an d'Caféen, déi personalintensiv sinn an zugläch net onbedéngt déi héchste Margen op hire Servicer a Produkter hunn - wéi dat och hei scho gesot ginn ass -, déi se verkafen.

Dëse Präisrock spieren a gesi mir all Dag an eise Stied, wou d'Präisser am héchste sinn: oft wiessend Betribler, kleng Lokaler, déi verschwannen an ersat ginn duerch eng weider grouss Chaîne. Mir gesinn et

hei an der Stad, mee och an neie Quartieren, wéi um Belval, wou gréisstendeels genee déi selwecht Geschäfte, Restaurants a Caféschainen opmaachen an d'Geschäftsflächen anhuelen. D'Resultat ass e langweiligen Eenheitsbräi, dee just nach wéineg mat lokaler Wirtschaft a Kultur ze dinn huet.

Dëser Entwécklung kéint kuerzfristeg entgéintgewierkt ginn, andeems d'Gemege méi Lokaler selwer géifen zu verstännege Loyerer u Commerçante weiderginn, mat sënnavolle wirtschaftleche Projeten, besonnesch och, wat d'Restauratioun ugeet. Verschidde Gemengen hunn zwar esou Flächen a maachen dat och esou, mee et ass keng kritesch Mass, déi et erméigleche géif, eng nohalteg a villfältig Offer am Horeca-Beräich ze bidden. Do mussen méi Efforte gemaach ginn. D'Gemeng Suessem huet e puer flott Projeten, ganz flott Projeten, ...

(Interruptions)

... déi et derwäert sinn, datt aner ...

(Interruption)

Gemege sech inspiréieren, wat zum Deel och scho geschitt.

Do, wou d'Präisser an d'Loyerer immens héich sinn, ass den Drock op dat alldieglech Geschäft natierlech eenorm héich. E Loyer kann an de seelenste Fäll erofgehandelt ginn. Wéi och, vu dass de Bail commercial esou eng Reglementatioun guer net virgesäit? D'Wirtschaftlechkeet vum Betrib kann also just iwwert d'Reduzierung vun anere Käschten - Paien, Liewensmëttelen, Gedréns - assuréiert ginn.

D'Coronapandemie huet den Horeca-Secteur zweemol getraff: Eng éischte Kéier duerch d'Schléissungen an déi reduzéiert Aktivitéit an de Réckgang vun de Clientszuelen, ënner anerem och doduerjer, datt den Teletravail war an deene leschten zwee Joer, an eng zweete Kéier elo mam Ofklänge vun der Pandemie, zwar der Relance vun der Wirtschaft, dem phaséierten Auslafe vun den Aiden, mee dann awer duerch d'Präisexplosioun bei den Energie- a Liewensmëttelpräisser.

Nieft den Immobiliepräisser kommen also elo weider Käschtesteigerungen op den Horeca duer, deene sech d'Betribler onméiglech entzéie kënnen an déi och net einfach esou un d'Clientë kënnen iwwerdroe ginn, déi jo och ganz oft ënnert dëse Präishaussen ze leiden hunn. Et ass dowéinst dovunner ausgezoen, dass d'Gewënnmargen a ville Betribler - an hei sinn och éischer déi kleng Restaurants a Cafée betraff - éischer méi déif, ëmmer méi zum Nulltariff tendéiere wäerten. Mir wëssen awer, dass vill Betribler scho fragiliséiert sinn an un hir Erspuernesser hu mussen knabbe goen, wa se der dann iwwerhaupt haten, fir duerch déi lescht zwee Joer Pandemie ze kommen, an deene wéineg bis bal näischt konnt erwirtschaft ginn.

Sou feelt et de Betribler un den néidege Mëttelen, fir iwwerfällg Investitiounen ze finanzéieren, respektiv se ware scho verscholt virun der Kris a geroden elo bei der Bank verstärkt ënner Drock, och wann deemächst d'Zësen erëm sollte klammen. D'Aiden, déi d'Regierung während der Pandemie ausbezuelt huet, hu fir d'Horeca-Betribler, déi vun de méintelaange Fermeturë betraff waren, sécherlech kuerzfristeg dat Schlëmmst kënnen verhénnen. Mee méi kleng Betribler waren opgrond vu verschiddene komplizéierte Prozeduren a Waardezäiten - notament de Fonds pour l'emploi - benodelegt an hunn och Plomme gelooss. Den Här Minister Delles widderspricht deem zwar, mee dat entsprécht net deem, wat mir vun de Restaurateuren eeben héieren hunn an och vun de Wirtsleit. Dat heescht net, datt d'Aiden u sech schlecht sinn, absolut net, mee de Feintuning huet awer heiansdo ze wënschen iwwreg gelooss.

Mir mengen op alle Fall, dass de Verdikt eréischt wäert an deenen nächste Méint a Jore falen, wann d'Aiden auslafen an d'Betribler hire Postcovid-kassensturz musse maachen. Et ass ze hoffen, dass dëse Verdikt wäert besser ausfallen, wéi et ze fäerten ass, well um Enn bezuelen ëmmer déi Kleng d'Rechnung, déi kleng Commerçanten an och d'Salariéen an dëse Betribler.

Si schaffen an engem Secteur, deen usprochsvoll ass, vill Stonne mat oft Coupuré bedingt an onsécher Aarbechtsbedéngungen huet, déi sech um Enn vum Mount awer net am Portmonni erëmispigelen. Si hunn zwar während der Pandemie Chômage partiel kritt. Et muss een awer och bedenken, datt si während där Zäit och keen Dréngeld kritt hunn. An dëst ass ganz oft an hire Paie fest matagerechent. Anerer, déi eventuell an engem CDD geschafft hunn, hunn deen einfach net verlängert kritt an et koum och ganz sécherlech zu Entloossungen.

Während där Zäit sinn och vill Liwwerdéngschter an d'Liewe geruff ginn, mat ganz prekären Aarbechtskontrakter a -bedéngungen. Zweek Joer, zwee ganz schwéier Joer an ongewëss Zäite fir all dës Salariéen hu sécherlech mental déif Spueren hannerlooss bei hinne wéi och bei de Patronen a Gerante vun dëse Betribler. Mir wënschen hinne vun hei op alle Fall nach ganz, ganz vill Courage an hoffen, datt se eis erhalte bleiwen, schonn aleng wéinst der Diversitéit vun all deene Betribler.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Och merci der CSV, dass se déi Heur d'actualité ugefrot huet. Obwuel ee sech hätt kënnen iwwerleeën, wéinst der Situatioun haut, wou awer elo Krich an Europa ausgebrach ass, ob nach ëmmer Plaz ass, dass mir hei iwwer Etablissementer schwätzen, wou et em de Spaass geet, ob een et net hätt kënnen zrëckzéien op en aneren Dag. Mee da fuere mer haut emol duerch déi Etablissementer, obwuel jo haut eng schwéier Situatioun fir ganz Europa ass.

An der Pandemie hu ganz Horeca-Betribler immens vill gelidden a mir Piraten si bestëmmt net déi, déi do der Regierung eng schlecht Nott wëllen ausstellen. Am Contraire, mir soen: D'Regierung huet a sech, mat deene Mëttelen, déi se hat, mat deenen Hëllef, déi de Minister Lex Delles iwwert d'Chamber agefouert huet an herno ausbezuelt huet ..., dass déi eigentlech de richtigen Usaz waren, och wann heiansdo d'Kommunikatioun schlecht war, ze schnell war. Do kann een iwwerall am Detail drüwer streiden, mee se ware gutt, a mir froen dofir och, dass se als Planungs-sécherheet fir d'Betribler awer och weiderginn, well mir gesinn elo net direkt, dass d'Enn vum Tunnel elo géif kommen a mir soe kéinten, et wär scho fäerdeg. Well am Contraire: Wa mer elo Problemer mat den Energiepräisser kréien, dann hu mer op där enger Säit d'Betribler, déi Problemer mat den Energiepräisser hunn, mir hunn awer och d'Leit, déi vläicht manner Suen hunn, fir kënnen an de Restaurant oder an de Café oder an en Hotel ze goen. Dat heescht, déi Betribler wäerten och weiderhin deementspriedend Problemer hunn.

Mir hunn als Piraten vun Ufank u verstanen, dass déi Gesetzer, déi d'Regierung huet mussen huelen während der Pandemie, net waren, fir d'Restaurateuren e bësse rosen ze maachen oder hinne Problemer ze maachen. Nee, mir hu verstanen, dass dat och zum Schutz war, souwuel vun de Mataarbechter, wéi dem



Patron, wéi och de Clienten, déi an déi Etablissements, an d'Caféen, an d'Hoteller iwwerall gaange sinn. Dat war zu hirem Schutz. Och wa mer net mat all eenzeler Mesure averstane waren, war awer de globale Package net dee schlechtesten a ganz Europa.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Et ass fir eis och immens wichtig, dass am Duerfkär déi Bistroe bestoe bleiwen. Ech mengen, et ass virdrun eng Kéier ugeklongen, an ech komme jo aus engem Duerf. An dat ass genau déi Beobachtung, déi ech och gemaach hunn. D'Duerfbistroe kréien erëm méi Valeur: Wou ee virdu vläicht éischter an eng Groussstad gaangen ass oder op e grouse Site, ass et elo den Duerfkär, an dat féiert och zu méi Veräinsliewen - paradoxerweis. D'Veräiner si virdrun e bësse méi um Ausstierwe gewiescht. Elo kommen erëm méi Veräiner, well een da jo och déi Leit trëfft, déi an engem sengem Quartier sinn, déi een da vläicht mat an de Veräin, an d'Musek oder soss enzwoosch hëlt, déi ee virdu vläicht guer net ze pake kritt hätt. Dat ass e grouse Virdeel.

An Teletravail, et kann een iwwert deen och vläicht schlecht schwätzen, mee ech sinn awer éischter der Meenung, dass déi Leit, déi souwisou an de Restaurant gaange sinn ... firwat bestelle se dann net zum Beispill och bei hire lokale Restauranten oder si ginn an hir lokal Restauranten iessen? Sécherlech, déi an der Haaptstad hunn e puer Clienten verluer, mee duerch d'Land hu mer et awer anescht verdeelt.

A wou mer bei de Liwwerservicer sinn, do ass awer ee Punkt, dee mer och schonn e puermol als Piraten ugeschwat hunn, deen eis kräfteg um Mo läit, dat ass dee mat deenen neie Liwwerservicer - ech wëll elo keng Nimm nennen - mat internationalen Domänen, wou e bësse Wilderei ass an déi Leit eigentlech méi ausgenutzt ginn, wéi dass se verdéngen, wa se engem eppes ausliwweren. Dat ass eppes, wou mer e ganz kloer gesetzleche Kader brauchen an dem Horeca-Secteur.

De Problem ass jo och: Wann dem Horeca Clienten ausbleiwen, da bleiwen zur gläicher Zäit och de Baueren, Wénzer an de Brauereien - do ass eng ganz Liwwerketten hannendrun - Clienten aus. An dofir ass et och gutt, dass de Mëttelstandsminister och do déi eenzel Hëllef virgesinn hat, well et dierf een och déi Leit net vergiessen. Et sinn net nëmmen déi éischte, déi d'Fläsch zerwieren, mee et ass déi ganz Liwwerketten hannendrun.

A fir dem ganzen Horeca e positiven Image ze ginn, hunn ech haut eng Motioun matbruecht, wou mir Pirate froen - mir sinn e bësse méi spuksam, wéi d'Regierung dat deemools war -, dass een en 20-Euro-Bong sollt kréien, wann een an en Horeca-Betrieb geet, fir erëm e positiven Image ze ginn. D'Regierung huet elo laang Zäit gesot: „Bleift éischter doheim, fir dass ...“, mat den Infektiounszeelen an esou weider, et ass elo, fir e positiven Impakt ze ginn an ze soen: „Kommt, mir ginn de Leit en 20-Euro-Bong.“ A fir nach méi spuksam ze sinn, hu mer gesot: Fir déi Leit, déi ënnert dem Revenu médian leien, dat heescht déi Leit, déi net elo dee ganz grouse Verdéngscht hunn, mee ënnert dem Revenu médian leien, erëm dohinner ze bréngen, dem Horeca e positiven Image ze ginn, dass dann déi ganz Regierung, net just den Här Delles, e Bong géif erausginn, fir dass d'Leit erëm positiven Image dovunner kënne kréien.

Dat selwecht göllt am Tourismus. Do ass et esou, dass mer e ganz groussen Impakt hu vu Geschäftsleit, déi einfach net méi heihinner kommen, mee awer och vun Touristen, déi net op Lëtzebuerg kommen, also den Inbound. Net elo déi Lokal, déi hei an hirem Land wëlle Vakanz maachen, mee den Inbound feelt e

bëssen. An do wollte mir froen, ob d'Regierung gedenkt, méi Publicitéitscampagnen am Ausland ze maachen. Ech gesinn, d'Luxair mécht et scho fir sech selwer, dat ass natierlech och schonn ze liewen, dass si gäre méi Inbound-Passagéier hätten, déi op Lëtzebuerg kommen an dann hei d'Ekonomie ënnerstëtzen, mee wat de Staat do an Zukunft wëll huet, ob de Staat vläicht nach méi drop ageet, fir Leit aus dem Ausland heihinner ze kréien an esou eis Betriber do kënne weider ze stäerken.

Wou ech mam CSV-Riedner net averstane sinn, dat ass elo mat de Brauereien a mat der TVA. Also ech si jo e bëssen an deem Dossier mat de Brauereien dran, well dat mech an der Gemeengepolitik immens vill interesséiert huet, ...

(Hilarité)

... an ech muss soen, dat si fir mech - a mir hunn déi jo elo gesinn och bei eis am Gemengerot - éischter esou Knebelverträge, déi déi Brauereien hunn. Dat muss ee ganz kloer soen. An et ass éischter dee kleng Patron, deen e Problem huet, an do misste mer vläicht als Gesetz eng Kéier iwwerleeën, ob iwwerhaupt déi ganz Exklusivitéiten, alles wat an deene Knebelverträge vun de Brauereien steet, ob dat wierklech esou muss sinn, ob een do net vläicht deene Betriber an der Horeca vill méi Fräiheet léisst, wéi dass se alles musse bei engem kafen an dass déi Brauereien net iwwer allem stinn an dann herno nach d'Gemengen higninn an déi Gebaier, déi se hunn, net un de Private verlounen, mee un d'Brauerei verlounen, déi dann deem Privaten d'Konditiounen diktiert.

**M. Gilles Roth** (CSV) | De Projet de loi iwwert d'Reform vum Cabarettaggesetz, dee läit scho 15 Joer um Dësch!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Invitéiert d'Madamm Backes, dass se eis zäitno ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo. Da misste mer deen nach eng Kéier drophuelen.

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... eng nei Versioun virleet, déi equilibréiert ass zwëschen de Concessionairen an de Brauereien.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo. Dat ass gutt ze wëssen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, den Här Goergen ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech wousst et net.

**M. Fernand Etgen**, Président | ... huet d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Et war awer eng interessant, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Dir hat et net gefrot.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... et war awer eng interessant Informatioun. Viru 15 Joer hätt ech och nach net geduecht, dass ech eng Kéier kéint doriwwer schwätzen hei.

(Hilarité)

Mee ech mengen, dat ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Awer gutt, dass et gesot ginn ass!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... kéint een dann awer nach eng Kéier aus dem Tirang huelen, wann et ...

**M. Fernand Etgen**, Président | An Här Goergen, Dir musst esou lues zum Schluss kommen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo. Ech hat awer elo e puermol ...

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Jo.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech sinn awer och bal färdig.

**M. Fernand Etgen**, Président | En hat keng Fro gestallt, well en hat d'Wuert emol net, fir eng Fro ze stellen.

**Une voix** | Et war den Här Roth, deen dotëscht geschwat huet!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Här President, ech sinn och schonn um leschte Punkt, deen ech mer notéiert hat, also keng Suerg! Ech war nämlech bei de Brauereien, dass mer mat deene Knebelverträge musse kucken. An d'Madamm Tess Burton hat dat och nach erwänt mat de Loyere vun de Gemengen, wou ech och heiansdo Problemer hat an dat jo och schonn e bëssen opgeworf hat. De Problem, dee mir Piraten gesinn, ass nämlech, dass wann eng Gemeng oder e staatlecht Etablissement de Loyer noléisst, déi dat vläicht finanziell kënne, awer privat Proprietären dat net maachen, dann entsteet an eiser Vue ...

(Interruption par la présidence)

... do en deloyale Marché, well dann huet d'Gemeng mat engem Steiergeld agegraff, fir kënne deem engen e Virdeel ze ginn, während deen aneren an der Strooss säi Loyer muss weiderbezuelen.

Do hätte mer léiwer eng Léisung, déi net onbedéngt gemengen- oder staatbaséiert ass, well jo net jiddereen d'Chance huet, e Café ze hunn oder e Bistro ze hunn, vun deem d'Gemeng Proprietär ass. An dann ass et e bëssen onfair: Dann huet een deem enge seng 1.500 Euro an der Strooss nogelooss, deem aneren am Privaten net. An dat ass e bëssen eng quokeleg Affär. Dofir, wann een op dee Wee geet, fir déi Loyerer nozeloossen, dass een awer do op eng fair Formule geet, an net just do, wou d'Gemengen oder de Staat Proprietär sinn, well een dann awer e bëssen eng Konkurrenzsituatioun huet.

Merci.

**Motion 3**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest,*

- dass d'Betriber aus dem Horeca-Secteur, trotz dem Ophiewe vun der Späerstonn vun 23.00 Auer duerch d'Covid-Gesetz vum 11. Februar 2022, ëmmer nach manner Émsaz a manner Clientèle verzeche wéi virun der Covid-19-Kris ;

- dass d'Chambre des Métiers an hirem Rapport „Artisanat - situation conjoncturelle au 4<sup>e</sup> trimestre 2021“ festhält: « Jusqu'au 3<sup>e</sup> trimestre 2021, l'activité de ce secteur était en train de reprendre, notamment à cause de l'assouplissement des mesures sanitaires lors de l'été/l'automne 2021 (événement CovidCheck etc.). Cependant, les résultats pour le 4<sup>e</sup> trimestre et surtout la prévision pour le 1<sup>er</sup> trimestre reflètent une baisse de l'activité. En effet, l'indicateur diminue de 6 points au 4<sup>e</sup> trimestre et devrait, selon les prévisions, même baisser de 46 points au 1<sup>er</sup> trimestre 2022 » ;

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

1. all Persoun ab 16 Joer, déi 2021 de Revenu médian oder manner verdéngt huet, ee Bong vun 20 € zoukommen ze loossen, dee kann a Betriber vum Horeca-Secteur ageléisst ginn.

(s.) Marc Goergen, Sven Clement.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert: den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

**Prises de position du Gouvernement**

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Merci, Här



President, merci och all de Virriedner an och dem Félix Eischen fir dës Heure d'actualité.

Jo, dee Secteur, vun deem mer haut schwätzen, huet ganz staark Sacrificë musse maachen. Et ass och ee ganz wichtege Secteur. En huet an dëser Kris ganz staark gelidden. Et ass och effektiv deen een oder anere Betrib un de Bord vun der Existenz gedriwwen ginn.

Ech si mam Félix Eischen d'accord, wann e seet: „Mir dierfen déi Betriber do net am Ree stoe loosson.“ An de Félix Eischen huet et selwer a senger Demande fir dës Heure d'actualité geschriwwen: « Même si l'État a pu soutenir le secteur de l'Horeca avec des aides étatiques généreuses et bien ciblées », huet e jo gesot, dass mer effektiv als Regierung dëse Secteur ganz vill ënnerstëtzt hunn an dass mer se net am Ree stoe gelooss hunn.

Fir datt den Horeca-Secteur konnt iwverliewen, huet de Fonds pour l'emploi, niewent deenen aneren Aiden, déi ausbezuelt gi sinn, bis elo 255 Milliounen Euro u Chômage partiel ausbezuelt. 255 Milliounen Euro! Eng Klammer op: Am ganze Chômage partiel sinn 1,2 Milliarden ausbezuelt ginn. Déi 255 Milliounen sinn un 2.000 verschidde Betriber ausbezuelt ginn, fir de Salaire vun 20.700 Salariéen ze assuréieren.

Ech wëll och ënnersträichen, dass déi Suen hei - an de Lex Delles geet sécher nach eng Kéier drop an - ganz séier gefloss sinn. Ab deem Moment, wou den Dossier komplett war - an dat kann dacks de Problem gewiescht sinn -, sinn déi Suen, maximal eng Woch, nodeems den Dossier dann dobanne war, komplett war, um Kont vum Betrib gelant.

Dir Dammen an Dir Hären, zum Gléck gesi mer awer en Enn vum Tunnel. E groussen Deel vun der Bevëlkerung ass geimpt. An dat mécht et méiglech, datt eng Rei vun Ouverturë kommen. Am Gesetz vum 11. Februar sinn eng ganz Rei vu Mesuren opgehuewen ginn: och fir den Horeca-Secteur keng Spärstonn méi; den 3G am plaz vum 2G.

D'Zuele ginn och ganz kloer an eng positiv Richtung. Wa mer Zäite wärend dëser Pandemie haten, wou 1.766 Betriber am Horeca-Beräich Chômage partiel kritt hunn - dat war fir 15.700 Salariéen -, esou waren et am Mount November - dat sinn déi lescht Zuelen, op déi mer eis kënne baséieren - nach just 237 Betriber. Also vu 1.766 si mer erof op 237 Betriber gaangen. An dann nach just fir 1.317 am plaz vu 15.700 Salariéen, ass dann do de Chômage partiel ausbezuelt ginn.

Mir gesinn dann och, datt déi oppe Poste bei der ADEM, déi gemellt sinn, och an d'Luucht ginn. Am Joer 2020 waren et en moyenne 351 Posten, am Joer 2021 sinn et 560 Poste gewiescht, wat u sech den Niveau vu virun der Kris vun 2019 war. Also de Secteur stellt erëm Leit an. An dat geet jo och nëmmen, wa se Leit brauchen, déi do solle schaffen, wann erëm en Opschwung ass.

D'Unzuel vun den Aarbechtssichenden am Horeca-Secteur ass och erofgaangen. Do sinn ech net ganz d'accord mat deem, wat de Félix Eischen gesot huet; wat och vläicht éischter e Gefill war. Hei sinn op alle Fall Zuelen, déi ganz kloer sinn: En moyenne pro Mount am Joer 2020 waren ongeféier 2.190 Leit op der Sich no enger Aarbecht am Horeca-Secteur - 2020: 2.190 Leit - an am Joer 2021 waren et der nach 1.890; also ronn 300 Leit manner. Do si mer erëm no bei den Zuele vun 2018 an 2019.

Mir hunn dofir och decidéiert - well mer wëssen, datt dee Secteur hei awer Schwierigkeeten hat -, déi Hëllef, déi mer bis elo am Chômage partiel haten, net direkt scho fir de Februar 2022 auslafen ze loosson, mee se ze zéie bis de Juni. An do hu mer och dem

Secteur nogelauschert, a grad och deenen, wou et am schwierigsten ass, an der Hotellerie an och am Evenementiel, am Catering, fir deene méi Hëllef zougestoen, fir deenen natierlech och - an deenen anere Betriber och - eng Previsibilitéit, eng Perspektiv ze ginn iwwert déi nächst Méint.

Bon, ech paken Holz un, datt et och weider nach ëmmer biergop geet. Mir hunn iwwermuer eng grouss Manifestatioun: d'Ouverture vun Esch2022. Och dat wäert eng ganz Rei vun Horeca-Betriber erëm hëllef, méi an d'Gäng ze kommen, well dat awer vill Leit heihinner wäert unzéien. Mir wëssen awer och, dass et fir verschidde Betriber awer net esou einfach wäert ginn. Ech huelen do och d'Hotellerie nach eng Kéier speziell eraus. Dat wësse mer. Deem ass d'Regierung sech och bewosst. Dofir sinn d'Hëllef an deem Secteur jo och méi héich, wéi an deenen anere Secteuren.

Voilà! Dann, ech wëll hei d'Zäit elo emol pauséieren, well mäi Kolleg, de Lex Delles, huet Tech och nach eng ganz Rei vu Saachen ze zielen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, dem Här Georges Engel. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo de Mëtzelstandsminister Lex Delles.

**M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes | Merci villmools, Här President. Loosst mech natierlech och dem Här Eischen Merci soe fir dës Heure d'actualité, well et ass ganz wichteg, dass mer hei den Horeca-Secteur uschwätzen - an natierlech déi Diskussioun vum Horeca als Patronatsverband, par rapport zum Secteur vum Horeca, deen natierlech, wéi ganz vill aner Secteuren, eng schwéier Zäit duerchgemaach huet. An et war ëmmer erëm wichteg - an et ass schonn ugeschwat ginn -, dass souwuel d'Aidë wéi de Chômage partiel do waren, fir déi verschidde Secteuren ze stäipen.

De Minister Engel ass grad drop agaangen, wéi d'Zuele ware mat den Aiden, déi iwwert de Chômage partiel ausbezuelt gi sinn, just iwwert déi verschidden Aidë-Regimenter, déi ausbezuelt gi sinn un de Secteur vum Horeca - déi nämlech awer och un aner Secteuren, déi Fermeturen haten ... -: Da si mer bei ronn 550 Milliounen Euro, déi iwwert d'Classes moyennes ausbezuelt gi sinn, fir kënne do ze stäipen.

Datt dat och eppes bruecht huet, gesäit een dorun - an Dir hutt et och selwer am Ufank gesot -, dass d'Failliten net an d'Luucht gaange sinn, dass also keng signifikativ Augmentatioun vu Faillite war. Nee, au contraire! Et goufe souguer deelweis manner Failliten am Verglach zu 2019.

Wann ech dann awer nach ..., an dat ass déi Inconnue, déi ech awer hei nach eng Kéier wëll trotzdeem soen. Et gëtt ëmmer gesot: „Jo, firwat keng Failliten, mee et hu vläicht ganz vill Leit hir Autorisatiounen zrëckgeschéckt, déi einfach opgehale hunn.“ Och do hunn ech Zuelen hei. Just eng Kéier am Verglach: Nei Autorisatiounen sinn der 2018 fir Caféeen a Restaurante 512 erausgaangen, par rapport zu 668, déi annulléiert gi sinn. 2019 waren et 703 neier, par rapport zu 776, déi annulléiert gi sinn. 2020: 506 neier, par rapport zu enger Annulatioun vu 636. 2021: 508 nei Autorisatiounen - also matzen an der Kris 508 nei Autorisatiounen, déi ugefrot gi sinn -, par rapport zu 555 Autorisatiounen, déi annulléiert gi sinn.

Wa mer do da just eng Kéier den Netto kucken, da gesi mer, dass mer am Joer 2018 netto minus 156 Autorisatiounen haten. 2019: netto minus 73. An da komme mer an d'Krisejoren. 2020: minus 130; wat nach ëmmer manner ass wéi 2018. An dann 2021: minus 4, netto. Minus 4! Do gesäit een also, dass do souwuel déi Aiden, déi ausbezuelt gi sinn, wéi awer och de Chômage partiel ganz wichteg waren, fir dee

ganze Secteur kënne ze stäipen. Mir gesinn also manner Failliten, manner Annulatiounen. Dat ass de Meritt vun all deene Saachen, déi gemaach gi sinn, fir de Secteur kënne ze stäipen.

Et ass och ganz vill vum Bong geschwat ginn. Et huet een à court terme natierlech gesinn, dass 7,3 Milliounen an de Secteur erakomm sinn. 7,3 Milliounen, déi direkt dem Secteur zegutt komm sinn. Op där anerer Säit war awer d'Iddi de moyen terme, och méi Inlandstourismus kënne ze hunn. Wat jo och mat sech bruecht huet, an dat beleeeën d'Zuele vun 2021 schonn, dass mer méi Nuitée vu Residenten hei zu Lëtzebuerg hate wéi 2018 oder wéi 2019, zum Beispill.

Och dat huet also funktionéiert. Elo ass dat, an et ass vun e puer Riedner ugeschwat ginn, de Long Terme. Ma, elo gëllt et eebe grad, déi Clienten och kënne ze halen, ze fideliséieren, fir dass déi och kënne déi nächst Joren dohinnerkommen.

Et gesäit een awer schonn nämlech erëm - an do gesinn ech et net grad esou mat schwaarze Wolleke wéi den Här Eischen -, dass d'Zuelen, déi an den Etüden, déi vum LFT gemaach ginn, relativ positiv sinn. Et gesäit een nämlech, dass mer eng Occupatioun an der Hotellerie haten, déi am Januar zwar nach ëmmer ganz déif war, jo, awer scho besser wéi am Januar 2021. Dat heescht, d'Occupatioun an der Hotellerie 2022 Januar par rapport zu 2021 war scho besser. Op där anerer Säit awer natierlech och de Februar, wou een och do schonn eng Augmentatioun gesäit an der Occupatioun vun de Better an der Hotellerie par rapport zum Januar.

Dat heescht, och do gesäit een awer, dass et lues a lues erëm d'Tendenz ass, fir erëm eropzegaen. Dat gesäit een natierlech och bei de Recherchen, déi iwwer Internet gemaach ginn, iwwert d'touristesche Destinatioun Lëtzebuerg. Och do gesäit een, dass ëmmer erëm méi no Lëtzebuerg gekuckt gëtt, wéi dat déi lescht Méint eebe war.

Wann een dat och nach kräizt mat der Volontéit vu ganz ville Leit aus Europa, fir an d'Vakanz ze goen, gesäit een dann och do, dass Lëtzebuerg eng Destinatioun ass, déi awer ukënnt. Soudass ech mer do ... Natierlech, et muss een et ëmmer suivéieren, mee et gesäit een awer, dass et e bëssen an eng positiv Richtung geet.

Dann hunn d'Madamm Burton an awer och den Här Goergen ugeschwat, fir méi Reklam ze maachen. Ma dat ass d'Kärmissioun vum LFT! D'Kärmissioun vu Luxembourg for Tourism ass, d'Promotioun ze maache vu Lëtzebuerg am Ausland, dat iwwer ganz vill verschidde Kanäl. Wann ech elo géif an den Detail goen, da géife mer nach eng Stonn hei setzen. Mee ech mengen, dass et fir ganz vill Leit wichteg ass, dass mer den Horeca geschwënn ënnerstëtzen, ...

**Une voix | Très bien!**

**M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes | ... soudass mer dann net ze laang hei schwätzen. Mee dat gëtt ganz vill gemaach, sief et iwwer Social Media, sief et gezielt iwwer Campagnen, sief et Promotiouns-journalisten, déi op Lëtzebuerg kommen. Also, et gëtt eng Panoplie un Aktivitéiten, déi do gemaach ginn. Ech komme ganz gären an der Kommissioun ... D'Madamm Presidentin vun der Kommissioun hat scho gefrot, fir eng Kéier an der Kommissioun vläicht do an den Detail ze goen. Dat kënne mer ganz gäre maachen. Mee dat sprengt, mengen ech, de Kader hei.

Dat nämmlecht awer och beim Business-Tourismus, deen nach vill méi staark impaktéiert war, well contrairement zum Leisure-Tourismus huet een am



Business-Tourismus net deen Effet, dass ganz kuerzfristeg gebucht gëtt. Dat ass jo e Phänomeen, dat während der Kris komm ass, dass Vakanze ganz kuerzfristeg gebucht gi sinn. E puer Deeg virdrun, e puer Woche virdrun, an dann ass een dohinnergang. Dat ass beim Business-Tourismus net, well et eng ganz Organisatioun ass, fir Eventer unzezielen.

Do gesäit een awer, dass et ëmmer méi gefrot gëtt, fir erëm op Lëtzebuerg op Kongresser ze kommen. Et gesäit een och, dass déi éischt Kongresser elo schonn am Mee ... Zum Beispill wäert am Mee e grouse Kongress si vun 1.300 Participanten hei zu Lëtzebuerg. Et gesäit een also, dass awer och eng gewësse Reprise do ass. Dofir ass et ganz wichteg, dass och matzäit gesot gëtt, wat déi aktuell Covidrestriktiounen sinn, fir dass een och kann déi ganz Preparatiounen maachen, fir d'Kongresser erëm unzezielen.

Lëtzebuerg huet sech mam LCB - Luxembourg Convention Bureau - en Organ ginn, deen och eebe grad Kongresser a verschidde Marché-ciblen unzéie soll. A grad dat, mengen ech, wäert och elo nach ganz vill derzou bäidroen, dass mer nach méi Kongresser wäerten - och schonn dës Joer! - unzéien.

An et mierkt een awer och am Secteur selwer, dass ganz vill gefrot gëtt, fir sech erëm physesch ze gesinn, fir eng Taass Kaffi zesummen ze drénken op engem Kongress, an net nëmmen iwwer Webex. An ech mengen, mir hunn nach allegueren d'Flemm vum Ecran an ëmmer nëmmen déi Saachen ze gesinn.

*(Interruption)*

Ma a genau sou geet et awer och am Geschäftsmilieu. Déi wëlle sech och all erëmgesinn! An déi wëllen natierlech och erëm eng Kéier hir Kongresser op Lëtzebuerg maache kommen.

Da muss een awer och soen, dass de Secteur vum Horeca e Secteur ass, dee sech ganz vill konnt a Fro stellen: Mat Fermeturë si vill méi Livraisons komm, mat Restriktiounen sinn direkt Äntwerten drop komm. Mir erënneren eis nach allegueren: Am Abrëll, wou d'Terrassen erëm opgaange sinn, wou ganz séier Heizchampionnen do stoungen, wou ganz séier Decken do lounen, wou dann awer jiddweree schonn erëm konnt säi gutt Gedrénks drénke goen, fir dann do och kënnen e flotte Moment ze verbréngen. Dat heescht, et ass e Secteur, dee sech ëmmer erëm kann a Fro stellen. An ech mengen, dat ass grad d'Stärkt vum Horeca-Secteur.

Dann, den Image ass ugeschwat ginn. Ech weess net, ech mengen, et war vum Här Eischen. Den Image vum Kach ass vläicht haut en aneren, wéi e fréier war, oder ass zu Lëtzebuerg en aneren, wéi e war. Do huet d'Horesca ganz flott Initiativen, fir eeben och grad do iwwert dee Wee erëm Promotiounen ze maachen an och de Beruff erëm anescht dohinnerstellen, dat iwwer hire Programm Dream Ambassadors (veuillez lire: Dreamjobs Ambassadors), zum Beispill, oder anerer, wou se ganz flott Programmer hunn, fir de Beruff och erëm anescht dohinnerstellen, fir och ronderëm ze weisen, wéi e wierklech ass. Well et ass e flotte Beruff! Et ass en interessante Beruff, deen natierlech Contrainten huet. Mee all Beruff huet Contrainten. Mee et ass e ganz interessante Beruff.

Dann zu deem, wat d'Madamm Cecchetti gesot huet zu de Retarde bei den Aiden. Ech muss Iech ganz éierlech soen, Madamm Cecchetti: Mir haten elo - an d'Madamm Burton huet et gesot - eelef Projet-de-loien, fir d'Gesetzer unzepasse mat den Aiden. Eeelfmol hutt Der Iech beim Gesetz enthalten oder Dir waart dergéint. Eeelfmol hutt Der kritiséiert, dass Retarde waren. Eeelfmol hunn ech Iech gesot: „Nee, et ass net wouer, mir bezuele bannent enger Woch aus.“ D'leschte Kéier nach virun dräi Wochen.

Ech muss Iech soen: Ech si kee Mënsch, deen esou séier opgëtt. Mee ech muss Iech soen: Ech halen elo op! Ech soen et net nach zwielef-, dräizéng-, véierzéngmol.

*(Interruption par Mme Myriam Cecchetti)*

Dat hutt Der schonn d'leschte Kéier gesot - Dir hutt et awer ni gemaach. Ech muss Iech soen, ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Mir gleewen Iech, Här Delles.

**M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes | ... mir hunn ... Ech weess net, ob Der Congé hat ...

*(Hilarité)*

Et ass ... Jo, wann Der Congé hat ... Et sinn awer elo scho véier Wochen! Ech weess net, wéi laang Der am Congé waart. Et ass jo och egal.

*(Brouhaha)*

Ech menge just, dass mer wierklech um Ministère hei all Méiglechkeeten maachen, fir d'Aiden esou séier wéi méiglech ausbezuolen. D'Zuele vun haut sinn, dass d'Aidë bannent zwee Deeg - bannent zwee Deeg! - ausbezuelt sinn. Dat ass awer d'Realitéit!

**Une voix** | Très bien!

**M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes | Méi séier, mengen ech, geet et net, well et ass nach ëmmer e geneeë Contrôle ze maachen.

An och do ginn ech awer dem Här Engel Recht. Den Här Engel huet gesot: „Wann en Dossier net komplett ass, da kann et méi laang daueren.“ Dat kann et vläicht sinn! Da kann et sinn, wann en Dossier bei eis net komplett ass, dass en dann net kann ausbezuelt ginn, dass et da vläicht e bësse méi laang dauert.

Mee en tout cas mengen ech, dass mer awer allegueren - an dofir nach eng Kéier merci fir dës Heure d'actualité - zesummestinn, fir dem Secteur ze hëllefen.

Merci villmools.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, dem Här Mëttelstandsminister Lex Delles.

**Motions**

Da komme mer elo nach zum Vott iwwert déi verschidde Motiounen.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, wou et drëm geet, d'Echeancen, wat d'Zréckbezuolen vun den Avancen ubelaangt, déi ee vum Staat kritt huet, bis no dem 31. Dezember ze reportéieren, respektiv d'Bezuolen vu Steieren a soziale Bättrëg. Wëllt nach een zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen?

D'Madamm Carole Hartmann.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här President. An der éischter Motioun, déi de Félix Eischen presentéiert huet, geet et ëm de Report vun de Remboursementen vun den Avancé respektiv d'Paieementen vun de Steieren a Cotisations. Do ass et esou, dass déi Avances remboursables, déi vum Staat ausbezuelt goufen, am Fong fir de Moment nach guer net zréckgefrot ginn. Dat heescht, fir dee Punkt muss een u sech och kee Report virgesinn.

Wat elo d'Steierverwaltung ugeet, do hunn ech mer soe gelooss, dass d'Steierverwaltung au cas par cas ganz pragmatesch virgeet. Dat heescht, wann een ufreet an een et ka justifiéieren, firwat een elo dee Moment keng Avancé wëllt bezuelen, da kann een do och e Report kréien. Soudass de facto op deem Punkt och schonn d'Méiglechkeet besteet.

A generell si mer jo och an engem Phasing-out um Niveau vun den Aiden. A mir probéiere jo och, dass d'Betriben nees an eng gewëssen Normalitéit zréckkommen. An zu där Normalitéit gehéiert dann och, dass een erëm ufänkt, reegelméisseg seng Bättrëg och ze bezuelen. An ech mengen, dass dat, well elo d'Relance awer do ass, och méiglech ass.

Dat heescht, mat deene Méiglechkeeten, déi bestinn, géif ech proposéieren, dass mer dës Motioun hei net géifen unhuelen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hartmann. Dann huet den Här Goergen d'Wuert gefrot.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also, se ass mir ganz sympathesch. Virun allem wëll ech awer och nach eng Kéier drop agoen, wat d'Madamm Hartmann gesot huet zur Steierverwaltung. Ech mengen, et war den honorabelen Här Laurent Mosar, dee viru Méint do scho Froen derzou gestallt huet, grad bei Entreprisë mat der Steierverwaltung. An do krute mer och scho versprach, dass se ganz tolerant wäeren an esou weider. Et sinn awer Betriben bei mech komm, déi mer gesot hunn, dass dat net esou ass!

An dofir wär et jo emol interessant, wann dat jo elo haut nach eng Kéier hei ugeklongen ass ...

*(Interruptions diverses et coups de cloche de la présidence)*

Ech hunn elo net matkritt, akusteschesch, wat Der gesot hutt.

*(Interruption par M. Gilles Baum et coups de cloche de la présidence)*

Här Baum, ech nennen Iech dach elo hei keng Betriben!

*(Interruptions)*

Ech wollt Iech elo proposéieren, dass mer vläicht eng Kéier an enger Kommissioun géife mat der Steierverwaltung ganz seriö kucken, ob déi Problemer wierklech bestinn. Also, wann e puer Entreprisë bei mech, bei aner Kollege komm sinn, bei de Sven komm sinn, firwat soll ech Iech hei op der Place publique deenen hir Steierpolitik erklären?! Dat verstinn ech elo net.

*(Brouhaha)*

Also ganz éierlech! Mir sollen an enger Kommissioun eng Kéier seriö doriwwer diskutéieren. Den Här Mosar hat déi Diskussioun schonn eng Kéier ugefouert, virun iwwer engem Joer. An dee Problem ass nun emol an der Branche! An ech ka mer virstellen, dass e grad an der Horeca-Branche ass, déi wierklech op- an ofgaangen ass. An ech mengen, do ass et jo awer net d'Steierverwaltung oder anerer, déi sollen e Spillverwierwer sinn. Dofir géife mir déi Motioun haut matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Dann huet den Här Jeff Engelen d'Wuert gefrot.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Jo. Merci, Här President. Ech mengen, mir kënnen déi Motioun hei matstëmmen. Et ass dat, wat mir och schonn emol beim Covidgesetz gesot hunn.

Ech hätt awer just nach eng Ureegung, an zwar: Déi éischte Rei, dat misst jo bal „Horeca“ sinn. Et ka jo net „Horesca“ sinn, well d'Horesca ass eng Gewerkschaft an den Horeca ass de Secteur u sech. An ech ka mer net virstellen, datt d'Gewerkschaften dat solle kréien, mee et ass den Horeca, de ganze Secteur. Wa mer scho mat Jo stëmmen, wollt ech dorobber opmierksam maachen.

Merci.



**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. Dann huet den Här Roth d'Wuert gefrot.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Den Här Mosar wollt vir schwätzen. Duerfir huet hien d'Wuert.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech soen dem Här Roth Merci, datt en d'Prioritéit un den Här Mosar gëtt.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo. Merci, Här President. Well ech awer hei och direkt ugeschwat gi sinn, verstitt Der, datt ech awer muss Position bezéien.

Ech mengen och, datt d'Madamm Hartmann d'Motioun vu mengem Kolleg Félix Eischen net ganz gelies huet. Et geet nämlech hei och ëm d'Cotisation-socialen. Et geet also en fait souwuel ëm d'Steiere wéi ëm d'Cotisation-socialen. An do hate mer mëtten an der Pandemie eigentlech eng ganz flott Reegelung, déi och deemools do e Report vun den Echeancé vun de Cotisation-socialen decidéiert hat. A mir fannen, datt dat eigentlech och elo e Moyaen wär, fir deenen awer staark gebeutelte Betriber aus dem Horesca-Secteur ënnert d'Äerm ze gräifen. Duerfir, datt hutt Der net gesot, an ech mengen, do gëtt et am Moment guer keng Méiglechkeeten, fir déi e bëssen ausgesat ze kréien. Dat ass deen éischte Punkt.

An deen zweete Punkt, muss ech Iech soen, an do kann ech awer nëmmen dat widderhuelen, wat den Här Goergen hei gesot huet: Mir gëtt och permanent vu Betriber gesot - d'ailleurs net nëmmen aus dem Horesca-Secteur, mee och aus dem Horesca-Secteur -, datt d'Steierverwaltung awer relativ resolut hei géif virgoen. Duerfir géif ech awer scho fannen, et wär zumindest interessant, Här President, wann een déi Motioun do eng Kéier géif an der Finanzkommission oder an der Wirtschaftskommission, vläicht och eng Kéier mam zoustännegge Minister oder deenen zwee zoustännegge Ministeren, kucken. Well, wéi gesot, dat, wat mir gesot kréien, ass manifestement net dat, wat Dir elo hei widderholl hutt. A wéi gesot, mir hunn doriwwer eraus de Problem vun de Cotisation-socialen. Duerfir géif ech awer wierklech drëm bieden, datt een zumindest déi Motioun eng Kéier an der zoustännegge Kommission diskutéiert.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mosar. An da wier et um honorabelen Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Ech géif och datt vum Här Goergen ënnerstëtzen, ech soen Iech och ganz kloer firwat. Trotz allen Explikationen, déi d'Madamm Hartmann virbruecht huet ... Hei kënnen jo déi eenzel Betriber queesch duerch d'Land net nach Gutdünke vun dem jeeweilege Preposé vun der Recette traitéiert ginn! Deen een ass vläicht méi flexibel wéi deen aneren. Duerfir ass dat, wou mir - an ech mengen, och den Här Goergen - derfir plädéieren: Dass een eng uniform Reegel huet, fir déi Ausstänn ze gewären.

Firwat? Et geet jo net nëmmen ëm de Montant principal vun enger Avance. Mee wann Der d'Avancen net bezuelt, ob dat e Betrib ass, souwuel bei der Sécurité sociale wéi bei de Steieren, oder eng Privatpersoun, da fällt direkt no engem Mount en zousätzlechen Zënssaz vun 0,6 % de Mount drop. Wësst Der, wat dat ass? Dat si 7,2 % d'Joer.

Dat heescht am Kloertext: D'Leit, ob dat elo d'Betriber sinn, ob dat elo individuell Persoun sinn, déi bezuelen net nëmmen d'Basis vun den Avancen niewent deem, wat se nach als Steierscholden hunn, mee se bezuelen, trotz den héijen Energiepräisser, och nach dem Staat zousätzlech Zënse, déi acunement a Relatioun mat den übleche Maartzënse sinn. Ech mengen, de Staat kann d'Leit natierlech mat Akzisen, mat CO<sub>2</sub>-Steieren, mat TVA op deem Ganzen, mat Zënse belaauchten, da kënnst Der soen: Kuckt

emol, wat hu mir vill Keessen hei! Mee d'Leit, déi kënnen dat do net méi bezuelen! A virun allem déi Betriber net! A wat hutt Der dann dervun, wann e Betrib, dee Leit beschäftegt huet, wann Der dee mat esou Moosnamen, wéi déi do, ofwiergt an en dann einfach seet: „Mee dann halen ech op mat deem Ganzen, setze meng Bud a Faillite a kucken, dass ech mat enger anerer ...“? Loosse mer éierlech soen, wéi et an der Praxis oft vir sech geet: Dann hu se eng aner Gesellschaft gegrënnt, sief dat d'Fra oder iergendeen aus der Famill, a se fuere mat där virun. Ech fannen, dass dat, oder mir fannen, dass dat keng rasonabel Approche ass an Zäite wéi dat elo hei ass. Hei muss ee mat Pragmatismus virgoen. Dat heescht net, vum Gutdünke vun deem engen oder anere Beamten ofzehänken, mee hei muss d'Regierung de Courage hunn ze soen: Mir setzen eng Reegel en place, dass mer d'Leit net ofwiergen. An da muss een och de Courage hunn, fir iwwer säi Schiet ze sprangen an net schonn ze soen ... Mir hunn zënter zwee Joer gefuerdert, de Montant bei de Verzuhszënse erofzesetzen. Et ass net normal, dass de Staat an Zäite wéi deenen heite vun de Leit oder vun den Entrepreneuren nach weiderhi 7,2 % Zënse freet fir Echeancen, déi ausstinn. Dat ass op jidde Fall net déi Politik, déi mir als CSV géife maachen. A mir géifen och d'Regierung, trotz eise bescheidenen 21 Deputéierten, invitéieren, mat op dee Wee ze goen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth. An dann huet den Här Dan Kersch d'Wuert gefrot.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Jo. Merci, Här President. Ech wollt dem Här Mosar soen, dass mir op eiser Säit déi Motioun do ganz genau gelies hunn. An dat Éischt, wat eis opfällt, dat ass, dass en préambule ganz vill iwwert den Horesca-Secteur geschwat gëtt, mee dass, wann et drëms geet, fir de Gouvernement ze invitéieren, eppes ze ënnerhuelen, den Horesca-Secteur guer net méi gemengt ass, mee dass et eng allgemeng Fuerderung ass, dass alleguerten déi Suen, déi dem Staat am Beräich vun de Steieren a vun der Sécurité sociale geschëlzt sinn, bis den 31. Dezember 2024 sollten ausgesat ginn.

Ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, dass dat onméiglech ass an dass mer ëmmer an der ganzer Diskussioun mussen differenzéieren tëschent deenen engen an deenen anere Betriber. Dat kënnst an Ärer Motioun op jidde Fall emol net eraus.

Da wëll ech och nach soen, wat d'Steieren ugeet: Ech mengen, et ass evident, dass net all Betrib, dee sech elo bei de Steiere mell, d'office seng Steierscholde gestundet kritt. Natierlech sinn et nëmmen déi Betriber, déi effektiv Problemer wéinst der Covidkris hunn. An déi aner kënnen net automatesch alleguerten, sou wéi Dir et hei frot, hir Scholde gestundet kréien. Soss komme mer jo an en onméigleche System eran.

An dann, deen zweete Punkt, deen ech nach wollt soen, well Der och nach d'Sécurité sociale ugeschwat hutt: Ech hat elo viru Kuerzem nach mam Minister vun der Sécurité sociale iwwert déi Problematik do rieds. Do ass et schonn haut esou, dass all Betrib, deen am Kader vun der Covidkris belaaucht ass a freet, e Plan d'apurement kritt, deen dräi Joer laang gezu gëtt. An dann ass et och kloer, dass, wann dee Plan d'apurement zesumme mam Betrib opgestallt gëtt, en do keng Scholdzënse brauch ze bezuelen.

An deem Sënn, mengen ech, ass déi Motioun, déi Der hei virbruecht hutt, einfach net richtig. An dofir ass se ofzeleenen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos, Här Kersch.

(Brouhaha)

Ech mengen, da kënnen mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 1 kommen.

(Brouhaha)

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 28 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen a kenger Enthaltung ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 29 voix pour et 31 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Jean-Marie Halsdorf), Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert (par Mme Diane Adehm), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Max Hengel), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Emile Eicher), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Gilles Roth) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

**Motion 2**

Da komme mer zur Motioun Nummer 2, wou am Fong geholl e Sondage représentatif beim Secteur iwwert d'Situatioun am Horesca-Secteur gefrot gëtt, fir eeben ze kucken, wat an eng Étude approfondie vum Secteur kann afléissen.

(Brouhaha)

Wie wëllt nach d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? D'Madamm Carole Hartmann.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här President. Zu dëser Motioun ass ze soen, dass de Mëttelstandsmistère an och generell d'Regierung u sech permanent mat dem Secteur a mat der Horesca-Federatioun a Kontakt ass an och permanent a Kontakt war, fir dee Secteur - am Fong déi Situatioun vum Secteur - permanent ze suivéieren.

An de Lex Delles huet eis och gewisen, datt si och de Suivi maache vun den Autorisations d'établissements, soudass dee Suivi och souwisou vum Mëttelstandsmistère gemaach gëtt.

An dann hu mer nach de Statec, deen och de Suivi mécht vun de Failliten, soudass mir der Meinung





sinn, dass et hei net néideg ass, e Sondage repräsentatif ze maachen, well de Secteur am Fong permanent gescreent gëtt vum Ministère, och iwwert d'Fédération, soudass ech hei och géif proposéieren, dës Motioun net unzehuelen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hartmann. Wa keng weider Wuertmeldung méi do ass, kënnen mer och zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

(Interruption)

### Vote sur la motion 2

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Félix Eischen), Léon Gloden (par M. Max Hengel), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert (par M. Marc Spautz), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Marc Lies), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Emile Eicher), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Gilles Roth) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. Marc Hansen), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

### Motion 3

Da komme mer zur Motioun Nummer 3, déi vun de Piraten deposéiert ginn ass, wou gefrot gëtt, all de Leit iwwer 16 Joer, déi e Revenu médian hunn oder manner verdéngen, ...

(Brouhaha)

... e Bong vun 20 Euro auszebezuelen.

D'Madamm Hartmann freet direkt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann (DP)** | Jo. Merci, Här President. De Piraten schéngt d'Bongen-Aktioun vun der Regierung gutt gefall ze hunn, fir déi 50 Euro ze ginn, fir och effektiv eis Hoteller ze ënnerstëtzen. Et ass awer elo net virgesinn, fir eng änlech Aide nach eng Kéier weider ze envisagéieren. Ech mengen, mir sinn an dem Phasing-out vun den Aiden. An duerfir géif ech och proposéieren, dass mer dës Motioun net géifen unhuelen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hartmann. Da freet den Här Goergen nach eng Kéier d'Wuert.

(Brouhaha)

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Jo, merci. Also effektiv huet se eis gutt gefall. Dat hu mer dem Minister Lex Delles och oft gesot an déi Positioun och ënnerstëtzt, dass een heiansdo muss eng Publicitéit maachen, eebe fir dass d'Leit en Ureiz kréien. Mat deene 50 Euro deemools huet jo och kee säin Zëmmer bezuelt, mee et war en Ureiz.

Sou hu mer och dat heite verstanen. Mir waren eebe méi spuwersam. Mir hu gesot: 20 Euro, e bësse sozial gestaffelt, fir eeben elo de positiven Image ..., wou mer virdrun de Leit gesot hunn, se sollen éischter net an de Restaurant goen, fir hinnen elo ...

(Brouhaha)

... d'Méiglechkeet ze ginn, an de Restaurant ze goen.

(Brouhaha)

Ech verstinn, dass Der déi Propos elo net unhuet, mee et wär awer e schéine Gest gewiescht, fir d'Horeca nach eng Kéier ze ënnerstëtzen.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Goergen. Ech mengen, da kënnen mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 3 kommen.

### Vote sur la motion 3

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 28 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert (par M. Max Hengel), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Marc Lies), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Marc Spautz), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Gilles Roth) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*M. Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. François Benoy), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

Domat ass dës Punkt ofgeschloss.

(Brouhaha)

Domadder si mer och um Enn vun der Sitzung vun haut ...

(Brouhaha)

... ukomm. Déi nächst Sitzung ass fir den 1. Mäerz virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 18.42 heures.)

## 37<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Marc Spautz, Vice-Président

### Sommaire

- Ouverture de la séance publique** ..... p. 61  
M. Fernand Etgen, Président
- Communications** ..... p. 61  
M. Fernand Etgen, Président
- Ordre du jour** ..... p. 61  
M. Fernand Etgen, Président
- Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de la situation actuelle en Ukraine** ..... p. 61  
Exposé : M. Yves Cruchten  
Débat : M. Claude Wiseler (interventions de M. Dan Kersch et M. Laurent Mosar) | M. Gusty Graas | Mme Stéphanie Empain | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- 7962 - Débat d'orientation - Quel avenir pour l'Europe ? Résultats de la campagne de consultation des résidents du Luxembourg par la Chambre des Députés dans le cadre de la Conférence sur l'avenir de l'Europe** ..... p. 69  
Rapport de la Sous-Commission « Avenir de l'Europe » de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile : M. Yves Cruchten (dépôt de la résolution 1)  
Débat : M. Claude Wiseler (interventions de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, M. François Benoy et M. Mars Di Bartolomeo) | Mme Simone Beissel | M. Mars Di Bartolomeo (intervention de M. Yves Cruchten) |





Mme Stéphanie Empain | M. Fernand Kartheiser | M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Mme Nathalie Oberweis (interventions de Mme Octavie Modert) | M. Sven Clement (intervention de Mme Simone Beissel) | M. Gusti Graas

Résolution 1 : M. Yves Cruchten

Vote sur la résolution 1 (adoptée)

#### 6. Résolution relative à l'adoption du rapport « Quel avenir pour l'Europe ? Résultats de la campagne de consultation des résidents

#### du Luxembourg par la Chambre des Députés dans le cadre de la Conférence sur l'avenir de l'Europe » sous forme d'avis politique - Article 179 du Règlement de la Chambre des Députés ..... p. 91

M. Fernand Etgen, Président

Vote sur la résolution (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouve : M. Jean Asselborn, Ministre.

(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

## 2. Communications

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

### Communications du Président - séance publique du 1<sup>er</sup> mars 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Le projet de loi suivant a été déposé à l'Administration parlementaire :

7970 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du développement de logements du projet « An der Schmëtt »

Dépôt : M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 24/02/2022

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2244 - Demande de pétition publique : Pour que l'index ne profite plus aux gros salaires

Dépôt : Judicaële Bodet, le 24/02/2022

2245 - Demande de pétition publique : Sanctionner le Gouvernement russe suite à l'invasion de l'Ukraine en déclarant l'ambassadeur de la Fédération de Russie persona non grata au Grand-Duché de Luxembourg

Dépôt : Philippe Nowak, le 26/02/2022

2246 - Demande de pétition publique : Renvoi de l'ambassadeur russe dans son pays suite à l'invasion de l'Ukraine

Dépôt : Alexandre Holzem, le 27/02/2022

2247 - Demande de pétition publique : Lëtzebuergesch Politiker a Politikerinne mussen mindestens fënnef Joer no hirer Amtszäit waarden, éier se an enger internationaler/multinationaler Entreprise schaffen dürfen

Dépôt : Bob Picard, le 27/02/2022

2248 - Demande de pétition ordinaire : Crise en Ukraine et mesures à prendre par la Chambre des Députés pour venir en aide aux défenseurs de la liberté

Dépôt : Guillaume Kayser, le 27/02/2022

2249 - Demande de pétition ordinaire : Gratis Gedrénks an der Kantine vum Athénée

Dépôt : Lisa Schwartz, le 28/02/2022

## 3. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, esou wéi d'Präsidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat dësem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 4. Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de la situation actuelle en Ukraine

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert déi aktuell Situatioun an der Ukrain. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, den Här Gusti Graas, d'Madamm Stéphanie Empain an d'Madamm Nathalie Oberweis. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Yves Cruchten als Vertrieber vun der LSAP-Fraktioun. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci villmools, Här Président. A merci besonnesch och Iech, de Kollege vun all de Parteien, Fraktiounen, Sensibilitäten a wat mer net nach alles hunn, fir Är Flexibilitéit, dass mer de Mëtten déi Debatt hei kënnen féieren. Ech mengen, et wär net ubruecht gewiescht, haut de Mëtten iwwert d'Zukunft vun Europa ze schwätzen an d'Aen zouzemaachen an näischt ze soe vis-à-vis vun deem, wat e puer Dausend Kilometer, net wäit ewech vun eis, op dësem selwechte Kontinent am Moment amgaangen ass ze geschéien. Dir wësst, vu wat ech schwätzen: vun der Ukrain.

Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, Lëtzebuerg ass e klengt Land, mee dat heescht net, dass eist Verhalen an dëser internationaler Kris keng Roll géif spillen oder net vu Bedeitung wier.

Lëtzebuerg dréit eng Verantwortung an eis Entscheedungen hunn och en Impakt. De Kampf géint dem Putin säi Krich an der Ukrain a géint säi Versuch, d'Weltuerdnung ze änneren, gëtt op villen Niveaue gefouert. Déi international Gemeinschaft weist, dass si bereet ass, all d'Mittelen anzesetzen, déi duerfir néideg sinn. Lëtzebuerg huet Méiglechkeeten, dës Efforte konkret ze ënnerstëtzen, déi wäit iwwer eng Symbolpolitik erausginn.

Ech si frou, jo, an och houfreg op eist Land, wann ech gesinn, wéi Lëtzebuerg an deene leschten Deeg reagéiert huet. Lëtzebuerg weist sech solidaresch a leescht säi Bäitrag, fir der Ukrain bäizestoen.

Mir hunn eis kloer positionéiert an ënnerstëtzen d'Ukrain aktiv. Ech begreifen och, dass d'Regierung

iwwert déi lescht sechs Deeg op verschiddenen Niveaue schonn entspriechend Decisiounen geholl huet a verschidde Schrëtt ageleet huet. Mir hunn op méi wéi engem Wee eisen Deel bäigedroen, sief dat politesch, ekonomesch, symbolesch, humanitär oder och militäresch.

An éischer Linn huet déi international Communautéit Russland mat enger Partie historesch eemolege Sanktiounen konfrontéiert. Nach ni an eiser Zäitgeschicht hu sech esou vill Länner zesummedoen, fir esou haart Sanktiounen géint een Aggresseur auszeschwätzen. An direkt e puer Päck, déi no an no decidéiert gi sinn, si virun allem Privatpersounen a Finanzservicer vun der russescher Economie cibléiert ginn. Et ass wichteg, dass d'Sanktiounen geziilt agesat ginn an déi russesch Economie op der richteger Plaz getraff gëtt!

Zu de viséierte Privatpersounen gehéieren ënner anerem de Wladimir Putin an de russeschen Ausseminister Sergej Lawrow souwéi aner russesch Oligarchen, déi hinnen nostinn.

Gëschter ass confirméiert ginn, dass d'russesch Banken och aus dem Kommunikatiounssystem SWIFT ausgeschloss ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Nodeems verschidde Memberstaate souwéi och Lëtzebuerg hire Loftraum fir russesch Maschinnen zouzemaachen hunn, huet d'Europäesch Unioun den europäesche Loftraum fir all d'russesch Fligere gespaart. Dës Mesure sanktionéiert net nëmme Russland, mee dréckt an engems och eis Ennerstëtzung fir d'Ukrain aus.

Fir Desinformatioun a Propaganda vum Kreml ze ënnerbannen, ginn déi russesch Staatsmedie Sputnik a Russia Today esouwéi hir Duechterfirmen vun der Europäescher Unioun gespaart. Op dëser Plaz spillt Lëtzebuerg als Mediastanduert och eng Roll. D'Entscheidung vun der EU, dës Fernseesenderen ze spären, kann d'SES hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen.

D'LSAP-Fraktioun steet hanner all dës Sanktiounen, déi d'Europäesch Unioun an déi lëtzebuergesch Regierung an de leschten Deeg ausgesprach hunn. Mir hunn en Donneschdeg hei an der Chamber haart a konsequent Sanktiounen gefuerdert a mir sinn och frou, dass dat elo geschitt.

Et deet och gutt ze gesinn, dass d'Unioun anescht wéi an der Vergaangenheet fir eng Kéier eng grouss Eenegkeet weist. Mir sinn alleguerter begeeschtert iwwert den Elan vu Solidaritéit, deen an der Welt, an Europa an och eeben zu Lëtzebuerg ze gesinn an ze spieren ass. Bei de Manifestatiounen huet sech net nëmme déi ukrainesch Diaspora versammelt, mee och Lëtzeburger, Bierger vu sëllegen aneren Nationalitéiten an och vill Russen, déi drop gehalen hunn, effentlech ze weisen, dass si zesumme mat der Ukrain stinn.

Ech drécken hei och gär mäi Respekt a meng Bewonnerung aus fir all déi daper russesch Bierger, déi sech



a Russland géint dem Wladimir Putin säi Krich ausschwätzen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | D'Solidaritéit huet an de leschten Deeg vill Formen ugehall. Gebaier wéi eis Chamber oder Gemengegebaier si blo a giel beliicht ginn an den ukrainesche Fändel ass dacks erausgehaange ginn. Vum symbolesche Point de vue hunn ech mir soe gelooss, dass d'Ukrainer hir Hauptstadt „Kyiv“ nennen. „Kiew“ wéi mir dacks soen, ass déi russesch Bezeechnung. Well et ubruecht ass, eng Stad och esou ze nennen, wéi et vun hirem Vollek gewünscht a gewollt ass, sollte mir alleguerten an Zukunft probéieren, „Kyiv“ ze soen, esou wéi d'Ukrainer dat och maachen.

Hei zu Lëtzebuerg ass d'Solidaritéit awer och wäit iwwert d'Symbolik erausgaangen. Lëtzebuerg huet grondsätzlech e ganz staarken Engagement an der Entwécklungszesummenaarbecht an och an der humanitärer Hëllef. Dësen Engagement fousst op enger ganz breeder Akzeptanz bei eiser Bevëlkerung. Ënner anerem weist sech dat an der grousser Zuel vu Benevollen, déi an Hëlleforganisatiounen aktiv sinn, an deene villen Donen, déi vu Privatleit fir humanitär Zwecker erakommen, oder un de ville Leit, déi sech perséinlech engagéieren fir ze hëllefen.

Och an dëser Kris gëtt et ganz vill Initiative vun Organisatiounen a Privatleit, fir Solidaritéit mat de Leit an der Ukrain ze weisen an hir Hëllef unzbidden. Ech wëll bei dëser Geleeënheet all deene Leit mäi Respekt ausdrécken an e ganz grousser Merci soen.

De Lëtzebuerger Staat wäert ganz sécher och am Beräich vun der humanitärer Hëllef säi Bäitrag leeschten. Eise Minister Franz Fayot huet matgedeelt, dass an engem éischten Ament eng Millioun Euro deblockéiert ginn. Soubal d'Koordinatioun um internationale Plang gereegelt ass, ass de Ministère bereet, fir weider Schrëtt anzuleeden, fir deem Leed, dat dës Krich erbäiféiert entgéintzewierken.

Och vun der Santé an dem Innenministère gouf op de Wonsch no Zivillschutz a medezinneschem Material reagiert. Dat alles gëtt eng laangfristeg Aufgab. Mir hoffen natierlech, dass déi resolutt Reaktioun vun der internationaler Gemeinschaft e séiert Enn vum militäreschen Konflikt kéint erbäiféieren. Mee och am beschte Fall wäert d'Ukrain iwwer Joren Ënnerstëtzung brauchen, net nëmmen, fir zerstéiert Stied erëm opzebauen, mee virun allem, fir eng schwach Ekonomik, déi ëmmer vu Russland ofhängeg war, ze stabiliséieren. Dës Hëllef muss egal wéi gutt koordinéiert ginn. Dat géllt net nëmmen elo an der Urgence: Solidaritéit mat der Ukrain wäert besonnesch da gebraucht ginn, wann d'Opmierksamkeet vun de Medien net méi op dësem Konflikt an op senger Konsequenz läit. Lëtzebuerg ass an där Hisiicht ëmmer e verlässleche Partner gewiescht.

Här President, ier mer vun enger Stabiliséierung an der Ukrain kënne schwätzen, muss mer hëllefen, déi ukrainesch Bevëlkerung virun den Attacken ze schützen an déi Betreffen och ausserhalb vun der Ukrain a Sécherheet bréngen. De Krich forcéiert d'Leit, hiert Doheem an hir Heemecht ze verloossen. Si mussen flüchten, fir sech a Sécherheet ze bréngen. D'UNO geet aktuell dervun aus, dass ronn 4 Milliounen Menschen opgrond vum Krich wäerten d'Ukrain verloossen. De Gros vun dëse Mënsche kënnt an d'Europäesch Unioun.

D'EU-Memberstaaten, déi eng Grenz mat der Ukrain deelen, sinn amgaangen, dës Mënschen opzehuelen. Et ass evident, dass déi baltesch Staate Polen, Ungarn, Slowakei a Rumänien net dierfe mat dëser Aufgab eleng gelooss ginn. Mir müssen eis mat de

Staaten am Oste vun der Europäescher Unioun solidaresch weisen, esou wéi Lëtzebuerg mat de Länner am Süde vun Europa solidaresch war, wéi vill Mënschen iwwert d'Mëttelmier an Europa geflücht sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Mir müssen och elo mat de Länner an Ost- an Zentraleuropa zesummenhalen. Et müssen op europäeschem Niveau Korridoren assuréiert ginn, déi et de Mënschen erlaben, a Sécherheet ze kommen a mat Dignitéit opgehall ze ginn.

Op dëser Plaz géif ech den Här Minister froen, wat ënnerhall gëtt, fir eng koordinéiert europäesch Approche un den Dag ze leeën an d'Mënschen, déi aus der Ukrain flüchten, an der Europäescher Unioun sécher opzehuelen. Vu dass eng komplett Visa-Liberaliséierung mat der Ukrain virläit, kënnen Ukrainer legal an de Schengen-Raum areesen an dierfe sech hei fir 90 Deeg ophalen. Fir hire Status an hire sécheren Openthalt iwwert dësen Zäitraum vun dräi Méint eraus ze garantéieren, muss mer awer elo handelen.

Wéi eng Mesuren huet d'Europäesch Unioun wëllen en place ze setzen, fir d'Prozeduren ze vereinfachen an d'Situatioun vun de Mënschen, déi virum Krich fortlafen, ze verbesseren? Eist Zil muss et jo sinn, esou kuerz an esou mann wéi méiglech bürokratesch ze sinn!

Här President, d'Erfahrungen aus den zwee Weltkrieger am leschte Joerhonnert hunn Europa déif markéiert. „Ni méi Krich!“, dat ass e Leitmotiv vun der Europäescher Unioun. Stark Handelsbeziehungen, Kooperatioun, Austausch an diplomatesch Léisunge vu Konflikter gehéieren zu dem Fundament vun eiser Unioun.

Entspreechend zréckhalend war d'EU ëmmer um militäreschen Plang. Grad fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg ass dat déi Grondhaltung, déi ëmmer ganz wichteg war. Dës Zréckhaltung ass awer keng Schwächt, déi vu skrupellose Krichsdreier kann ausgenutzt ginn. Elo, wou et drop ukënnt, huet d'EU bewisen, dass si bereet ass, hir Wäerter noutfalls och mat militäreschen Mëttelen ze verteidegen.

Wann d'Ukrain soll eng Chance hunn, fir hir Bierger virun den Attacken vun der russescher Federatioun ze schützen, brauch se och militäresch Ënnerstëtzung. D'EU huet duerfir en Tabu gebrach a liwwert Waffen an aner Material. Als LSAP si mir net frou doriwwer, dass dës Schratt noutwendeg ass. Mir halen et awer fir richtig an dëser Situatioun.

Gëschter Moien huet eise Verdeedegungsminister bekannt ginn, dass Lëtzebuerg och militäresch Ënnerstëtzung wäert leeschten. Mir begrëssen dem Minister Bausch seng Decisioun, Material un d'ukrainesch Arméi ze liwweren, esou wéi aner europäesch Länner dat eeben och maachen. Et ass an eisen Ae gutt, dass d'Regierung séier reagiert, fir der Degradatioun vun der Situatioun an der Ukrain entgéintzewierken.

Här President, ech hunn ugangs vu menger Ried gesot, dass mir och als klengt Land eis Roll hei ze spillen hunn. Ob politesch, ekonomesch, militäresch oder am Humanitären, Lëtzebuerg hält seng Verantwortung. An et ass och ergräifend ze gesinn, wéi sech weltwäit d'Solidaritéit mat der Ukrain weist, op Manifestatiounen a quasi all den Haaptstied, an der UNO, wou souguer China sech bei der Russland-Resolutioun enthalten huet, awer net dergéint gestëmmt huet, an de grousser Sportsverbänn vu FIFA iwwer UEFA, IOC bis zu allen anere Sportarten, iwwerall gëtt unisono Russland aus de Kompetitiounen gestrach. Dat war nach ni do!

Russland steet ganz eleng do. D'Welt verurteelt den Här Putin a säi Regimm. D'Welt verurteelt dës Krich an d'Verbrieche, déi den Ament an der Ukrain geschéien. D'Welt wëllt, dass Konflikter friddlech geléist ginn an net militäresch. An dat ass vläicht de groussen Ënnerscheed tëscht haut an der Zäit vum Kale Krich. Mir wënschen eis alleguerten, dass d'Waffen erëm séier agepaakt ginn an d'Leed fir d'Leit an der Ukrain ganz séier en Enn féinnt! Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Villmools merci, Här President. Bei deem, wat mer an deene leschten Deeg erlieft hunn, bei deem onprovocéierten, mat näischt ze justificéierenden Alafen an d'Ukrain gëtt et e Virdrun an et gëtt en Duerno. Villes, wat mer an Europa gegleeft a gehofft hunn, ass brutal a Fro gestallt. Iwwert d'Prinzipien a Reegelen, déi mer eis an Europa ginn hunn an déi eis 75 Joer Fridde bruecht hunn, ass e brutalen Diktator einfach mat senger Panzere gefuer. Dat konnt net ouni Konsequenze bleiwen.

Am Ufank wollt ech just e Gedanken un d'Ukrainer hunn, déi kämpfen, awer och déi, déi op der Strooss sinn an déi virum Krich flüchten. Si sinn Affer, si leiden a si hu Courage. Mir bewonnere se a mir müssen a mir wëllen hinnen hëllefen.

Ech soen awer och gären hei mäin déiwe Respekt virum President Selenskyj, well ech muss éierlech soen: Hien ass fräi gewielt vum ukraineschen Vollek an en erfëllt säi Mandat, seng Missioun mat engem Asaz a mat engem Courage, deen déi gréissten Unerkennung fuerdert!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Dofir muss mer him an dem ukraineschen Vollek iwwerall do hëllefen, wou mer et kënnen.

D'Europäesch Unioun huet e grousser Pak u Sanktiounen geholl. D'Lëtzebuerger Regierung huet déi Sanktiounen ënnerstëtzt. An ech soe gär ganz kloer hei: Dat waren déi richtig Decisiounen! Mir als CSV sti voll do hannendrun, ohne wenn und aber. Mir hu se gefrot, mir ënnerstëtze se, Här Minister!

Dës Sanktiounen hu schonn éischt Konsequenzen a Russland, eleng schonn, wann een d'Schwiergekeete vun der russescher Währung haut gesäit. Esou war et geduecht: Den Drock geet an d'Luucht.

Dës Sanktiounen - dat muss een awer och gesinn - wäerten an deenen nächste Wochen, an där nächster Zäit och Konsequenzen op d'EU an op Lëtzebuerg hunn. Mee och do wëll ech kloer soen: Mir stinn haut hannendrun, mir stinn och muer hannendrun, och wann d'Konsequenze Schwiergekeete wäerte bréngen. Dat ass e Minimum.

Mir begrëssen och dem Minister Bausch seng Decisioun, fir Lëtzebuerger Waffen an d'Ukrain ze schécken. Dat ass an eisen Aen eng fundamental richtig Decisioun. Et kéint een elo de Regret ausdrécken, datt verschidden EU-Decisiounen, verschidden däitsch Decisiounen, verschidden Lëtzebuerger Decisiounen, net éischter geholl gi sinn, mee ech soe ganz kloer: Et ass net d'Zäit fir ze meckeren, an ech hunn och keng Loscht, fir hei ze meckeren!



An ech gesinn och - ech soen dat och gär -, wat fir e grouse Wee verschidde Parteien a verschidde Regierungen hu misse goen, fir zu esou Decisiounen ze kommen, déi wäit ewech ware vun deem, wat se elo jorelaang gegleeft hunn. An ech respektéieren och, datt se dee Wee gaange sinn. Dat war wichteg an dësem Moment.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat gëllt jo och fir Iech!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Dat zielt och fir eis. Et war och e Wee ze goen, evidenterweise, Här Kersch. Et schéngt mer evident.

**Une voix** | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Jo.

(Brouhaha)

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Mee ech wëll net elo hei Diskussiounen declenchéieren. Mir sinn e Wee gaangen, jiddweree vun eis, fir déi eng war et méi wäit wéi fir déi aner, mee et ass hei e Kippunkt an der europäescher Geschicht, an der Lëtzeburger Geschicht gewiescht, dee mer elo gemeinsam geholl hunn, an och dat Gemeinsamt war wichteg.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir hutt ganz Recht!

**Une voix** | Voilà!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | An ech muss och soen, datt dat, wat an dräi Deeg als Wee vun eis all gemaach ginn ass, dee Pak, deen elo Realitéit ass, d'Vitess, mat där mer en decidéiert hunn, déi Unanimitéit, déi mer an Europa hunn, déi Solidaritéit och mat aneren demokratesche Länner, dat hätt ech virun zwou Wochen net fir méiglech gehalen, wierklech net fir méiglech gehalen!

An ech wëll et einfach soen: Ech sinn am Fong houfreg, Europäer ze sinn, mat deem, wat mer haut fäerdegbruecht hunn!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Et wäert eng Flüchtlingswell op eis zoukommen. Mir hu schrecklech Biller gesinn, schrecklech Biller vu Leidensgeschichte vu Leit, déi d'selwecht si wéi mir. Polen, d'Slowakei, Ungarn a Rumänien sinn als Éischt betraff. Dës Länner maachen hiren Job - an och dat muss ee soen - op eng groussaarteg Aart a Weis an dësem Moment. Si maachen dat, wat se kënnen. A si mussen kënnen op europäesch Solidaritéit zielen. Mir ënnerstëtzen all d'Gemengen, déi Gebaier zur Verfügung stellen, déi elo schonns den Accueil virbereeden, dee mer mussen maachen. Mir begrëssen all déi Plazen, wou elo scho gekuckt gëtt, fir Kannerbetreuung ze organiséieren an alles, wat ee braucht.

Mir fuerderen och vun der Regierung - an ech weess, datt d'Regierung och amgaangen ass, dat ze maachen -, d'Organisatioun vun der Logistik, déi muss preparéiert ginn, fir och staatlech Gebaier zur Verfügung ze stellen. Ech hu mer schonn d'Fro gestallt - och Portugal ass amgaangen, dat ze kucken -, wou um Aarbechtsmarché nach Besoine sinn, fir och do kënnen Integratioun ze maachen. Alles dat si Pisten, déi elo scho mussen gaange ginn a wou ech wollt soen, datt mir als Oppositioun do hëllefen, wou mer kënnen hëllefen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Dës Kris huet och gewisen, datt mer militäresch net gutt opgestallt waren. Mir soen, datt mer hei an der Chamber eng Diskussioun brauchen iwwert d'Ausrüstung, iwwert de Finanzement an iwwert d'Équipement vun der Lëtzeburger Arméi. Et ass fir eis ganz kloer, datt mer mussen eisen Defensebudget un déi europäesch Besoinen an an Zukunft och un d'NATO-Besoinen

upassen. Vun 0,6 % haut denke mir, datt mer e gutt Stéck iwwert déi 0,74 % mussen erausgoen, déi d'Regierung bis 2040 virun e puer Woche geplangt hat.

Mir mengen, datt mer eng Zilsetzung vun 1 % ustriewe kënnen, mee doriwwer hätt mer gär mat Iech alleguer gemeinsam zesummen eng Diskussioun heibannen. Mir mengen, datt mer dat kënnen finanziell packen. Mir mussen och kucken, ob mer et ëmgesat kréien, an ob mer et sënnvoll ëmgesat kréien um Terrain, an dat ass déi Diskussioun, déi mer heibanne gär hätten.

A schlussendlech brauche mer - an dat ass eis Iwwerzeegung - och eng Debatt iwwert d'Energiepolitik heibannen. Mir brauchen an Europa, an och zu Lëtzebuerg, manner Dependenz, méi europäesch Autonomie, fir net Erpressungen ausgesat ze sinn, andeem mer eis Klimaziler hei zu Lëtzebuerg berücksichtigen. A mir wëssen all, datt dat e schwierigen Exercice wäert ginn.

Dofir brauche mer eng technologesch oppen Diskussioun ouni Tabuen, wéi mer d'Transitionsphas zur erneierbarer Energie wäerten an den nächste Jore gestalten. A wann ech soen „ouni Tabu“, dann heescht dat, datt mir och iwwert d'Plaz vun Nukleare mussen kënnen oppen heibanne schwätzen. Ech gesinn, datt och an Däitschland doriwwer eng oppen Diskussioun, notament vun Här Habeck, ugefaange ginn ass.

Ech géif mer wënschen - an ech weess, datt dat eng ganz schwierig Diskussioun ass, mee mir mengen, datt se noutwendeg ass -, ech géif mer just wënschen, datt mer déi Diskussioun an aller Sobrietéit kënnen mateneen heibanne féieren, well mer mengen, datt se noutwendeg ass.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Zum Schluss wëll ech soen, datt haut awer d'Zäit vun der Solidaritéit ass, datt haut d'Zäit vun der Unitéit ass, datt haut d'Zäit ass, fir do ze hëllefen, wou Misär a Leed ass. An d'Zäit, fir all deenen, déi Mënscherechter mat Féiss rennen, all deenen, déi d'Fräiheet wëllen ënnerdrécken, all deenen, déi d'Liewe vun anere ganz einfach veruechten, ze weisen, datt Europa staark ka sinn an datt Europa all seng Moyenen uwennt, fir Krichsverbriecher net gewäerden ze loossen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Wiseler, erlaabt Der nach, datt den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Wann den Här Kersch wëllt.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här Wiseler, ech wollt Iech fir d'Éischt, éier ech d'Fro stellen, Merci soe fir déi Wieder, déi Der elo gesot hutt, virun allem fir déi gemeinsam Solidaritéit, déi mer gewisen hu vis-à-vis vun ukrainesche Vollek, an och fir eng Rei vun interessante Voleten, déi Der an Ärer Ried ugeschwat hutt, ënner anere d'Entwécklung vun der Arméi. Wat ech e bëssen als onprezis empfonnt hunn, datt war dat, wat Der gesot hutt, datt mer eng Diskussioun mussen féieren iwwert d'Atomnotzung, wat d'Energie ugeet.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Nee, nee. Ech hunn, Här Kersch, ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech hat dat esou verstanen. Duerfir wär ech frou, wann Der géift Är Präzisioun dozou ginn.

(Brouhaha)

Wann Dir der Meenung sidd, dass mer an Zukunft sollen Atomkraaft gebrauchen, fir Energie ze produzéieren, da sot et wannechgelift an där Form.

(Brouhaha)

Wann Der der Meenung sidd, dass dat net soll de Fall sinn, da sot et och an där Form. Ech mengen, dass Der Recht hutt, ...

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Här Kersch ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | ... ech mengen, dass Der Recht hutt, dass ee muss iwwer alles diskutéieren.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Voilà!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Do ginn ech Iech honnertprozenteg Recht. Mee fir einfach ze soen, et soll een et diskutéieren, ouni awer dann emol eng Undeutung vu Richtung ze ginn, an déi ee wëllt zéien, ass e bëssen einfach. An duerfir wollt ech froen, ob Der do kennt Präzisiounen ginn.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Här Kersch, ech hu schonn direkt probéiert - well ech wousst, wat fir eng Reaktiounen dat haaptsächlech bei Iech géif sollicitéieren -, déi Diskussioun ouni Polemik ze maachen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech sinn och haut net bereet, eng Polemik unzefänken.

(Brouhaha)

**M. Laurent Mosar** | Voilà!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Mosar, wannechgelift, loosst den Här Wiseler schwätzen.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Dat, wat ech gesot hunn, ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech hunn Iech eng Fro gestallt, ech hunn net vu Polemik geschwat.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | An ech äntwerten Iech och op déi Fro. Dat, wat ech gesot hunn - an dohannert sti mer honnertprozenteg -, dat ass, datt mer wierklech hei an Europa an zu Lëtzebuerg eng Energiedebatt mussen féieren, well mer iwwerzeegt sinn, datt déi Froen haut anerer si wéi déi, déi sech viru 14 Deeg oder virun dräi, véier Woche gestallt hunn.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Dat heescht fir eis, datt mer eis mussen decidéieren, wéi mer déi Transitionsphas packen, déi eis dohinner féiert, wou mer mat alternativen Energien, mat gréngen Energien, eisen Approvisionnement, eis Autonomie kënnen geréieren. Iwwert déi Transitionsphas waren haut an de Gedanke vun der Regierung a vu sämtlechen europäesche Regierungen eng Rei Prinzippe relativ kloer. Mat dem Fait, datt mer elo manner Gas a manner aner Energiestoffer aus Länner wéi Russland kréien, muss déi Fro frësch gestallt ginn a mer mussen kucken, wéi mer dat gemeinsam packen.

Dat kënnen mir net nëmmen als Lëtzebuerg eleng maachen, dat mussen all d'europäesch Länner maachen. Déi aner europäesch Länner maachen dat, andeem se alleguer déi potenziell méiglech Energiesourcë consideréieren an da kucken, wat méiglech ass a wat net méiglech ass. Déi Diskussioun hätt ech och gär zu Lëtzebuerg an ech sinn der Iwwerzeegung, datt mer déi kënnen ouni Tabu féieren an datt mer da kënnen Léisunge fannen.

(Interruption)

Dat ass dat, wat mer gesot hunn, net méi an net manner!

An ech hoffen, datt ech mat de Kollegeen ... Déi Decisioun fällt eis och schwéier, ganz, ganz schwéier. Mee ech mengen, datt et awer derwäert ass an ech hoffen, datt mer et fäerdegbréngen, hei am Parlament a mat



der Zivilgesellschaft se esou ze féieren, datt mer der Realitéit kënnen an d'A kucken. An d'Realitéit ass haut, ech hunn et am Ufank vu menger Ried gesot, eng aner wéi d'lescht Woch.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Wiseler. An als nächste Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas agedroen. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Zënter sechs Deeg ass Krich an der Ukrain. Dat heescht, zënter sechs Deeg ass vill Leed iwwert d'ukrainesche Populatioun komm. D'Ausmoosse vum materiellen a vum mënschleche Schued sinn net genee bekannt, mee Estimatiounen no ass allerdéngs ganz vill Misär entstanen.

D'Virgoe vu Russland a virun allem vun hirem President, vum Här Putin, ass inakzeptabel an et muss eemol méi hei op d'Schäerfst zréckgewise ginn. D'Violatioun vun elementare Mënscherechter an d'Selbstbestëmmung vun enger Natioun a Fro ze stelle ka fir eis jiddefalls net esou akzeptéiert ginn. An d'Fro muss gestallt ginn: Wat stellt Russland sech vir?

Wëllt Russland d'Weltuerdnung änneren? An ech mengen, grad vun esou engem Regimm hu mir eis jiddefalls hei keng Lektouren erdeelen ze loosse, well all déi fräiheetlech gesënnte Länner - an et mierkt een, et sinn der ganz vill op der Welt -, déi sollen elo méi wéi jee fest zesummestoen an de Russe wierklech weisen, wat de Wee soll sinn, fir datt een an Harmonie kann op dëser Welt liewen.

Wa jiddefalls dës kuerz Kris bis elo eppes gewisen huet, dann ass et déi enorm Solidaritéit, déi an deene leschten Deeg hei entstanen ass, an datt d'Europäesch Unioun an och d'NATO sech kënnen doriwwer eraus op ganz vill Partner verlossen. Ech denken do virun allem un déi transatlantesch Partner. Et sinn nëmmen e puer Regimier, an dat ass keng Iwwerrasschung, déi de Russen am Moment de Réck stäipen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'NATO ass ganz kloer eng Verdeidigungsgemeinschaft. An dëser Problematik spillt den Artikel 5 natierlech net, mee dës Kris beweist awer eemol méi, wéi wichteg, wéi noutwendeg et ass, datt mer eng Verdeidigungsgemeinschaft wéi d'NATO hunn. An d'Russe sinn ouni Zweifel iwwerrascht iwwert d'Virgoen an och iwwert d'Effizienz vun der NATO. Dat, wat emol d'Leit gesot hunn, se wier obsoleet, se wier gehierdout, dat ass jiddefalls elo awer ganz kloer bewise ginn, datt dat net de Fall ass. An et kann ee scho bal soen: D'NATO ass amgaangen, eng Renaissance ze erliewen!

Beispillhaft ass awer ouni Zweifel och d'Reaktioun vun der Europäescher Unioun. An ech gehéieren och zu deenen, déi positiv iwwerrascht sinn, wat an deene leschten Deeg hei um Niveau vun der Europäescher Unioun passéiert ass. Et war richtig, fir schnell zwee Paqueten ze ficeléieren, fir Sanktiounen ze erloossen. An et kann een elo scho soen, datt d'russesch Economie hei am Härz getraff ginn ass. Sécher, och eis huet et wéigedoen, mee ech mengen, dat muss eis awer den Asaz wäert sinn.

Wann een nëmme kuckt, wéi d'russesch Aviatioun hei getraff ginn ass, oder wann ee virun allem kuckt, wéi d'russesch Banken oder d'Zentralbank hei getraff ginn, virun allem och duerch d'Suspendéierung vum SWIFT-System, wat jo am Ufank net onbedéngt esou virgesi war, da muss een awer gesinn, datt dat heiten ouni Zweifel dee richtige Wee war.

An duerfir begrësse mir als Demokratesch Partei och all déi Moossnamen, a mir begrëssen och doriwwer eraus, datt och um medialen Niveau verschidden Televisiounschäinelen elo zougemaach gi sinn, sief dat de Sputnik, sief dat RT.

Eis Solidaritéit gëllt natierlech de Moment ganz kloer dem ukrainesche Vollek. Déi Biller, déi eriwwe kommen, sinn extreem schockant an et ass fir eis als Demokratesch Partei och ganz kloer, datt mer extreem flexibel elo mussen handelen, wat d'Ophuele vun ukrainesche Flüchtlingen ubelaangt.

Op där anerer Säit ass et awer och wichteg, datt mer déi néideg militäresch a logistesche Ënnerstëtzung an dësem Moment deem Land zoukomme loosse. An ech wëll hei och virun allem Däitschland ernimmen. Virun dräi Deeg hätt een net geduecht, datt op eemol esou e Revirement kéim an der Approche zu där ganzer Problematik, an et ass och richtig an och gutt esou.

Op där anerer Säit huet d'Europäesch Unioun elo 500 Milliounen aus dem Friddensfacilitéitsfong zur Verfügung gestallt, fir eben, wéi gesot, dem Land déi néideg militäresch Ënnerstëtzung ze ginn. An och d'Lëtzebuurger Arméi huet sech hire Moyenen no solidaresch gewisen, an et ass och dat, wat mir als Demokratesch Partei hei besonnesch ënnersträiche wëllen. Ech mengen, de Loftraum ass fir russesch Flieger zougemaach ginn. Dann hu mer eng Rei Materialien zur Verfügung gestallt, sief dat Jeepen, sief dat Zelter oder, virun allem, sief dat awer och déi Panzerofwieraffen.

Eppes ass jiddefalls kloer: Mir si mat viséiert hei, och als Lëtzebuerg. De Fridden ass hei net nëmmen um Niveau vun der Ukrain a Fro gestallt, mee ech géif esouguer esou wäit goen ze soen, en ass net nëmmen um Niveau vun Europa a Fro gestallt, mee doriwwer eraus. Also ass et och evident, datt e Land wéi Lëtzebuerg hei seng Responsabilitéit iwwerhëlt. An et muss een och hei drun erënneren: Mir si keen neutraalt Land méi. A gottseidank, datt mer net méi am Zenario vun 1867 sinn!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, natierlech muss awer d'Diplomatie nach wie vor aktivéiert ginn. D'Diplomatie muss nach ëmmer déi beschte Waff bleiwen. Mee dem Här Putin ass net méi ze trauen. Ech mengen, spéitstens zënter enger Woch muss een dat kloer an däitlech hei soen. Egal, wat den Här Putin seet, et muss een et ëmmer erëm hannerfroen. Et kann een deem Mann einfach kee Vertraue méi schenken!

Ech hunn et als eng satiresch Nott empfonnt, datt e Friddensgespräch proposéiert huet, an dat um belarussesche Buedem. Dat war jiddefalls typesch, wéi den Här wëllt virgoen!

Mir mussen jiddefalls och hei am Westen all Efforte maachen, fir datt de System a Russland geschwächt gëtt. Mir müssen also och deenen oppositionelle Beweegungen eis Ënnerstëtzung ginn. An et sinn der do. Mir sollen dat net ënnerschätzen! Et soll een net an der Illusioun liewen, wéi wa muer de Regimm Putin géif zesummebréchen. Mee mat Sécherheet gëtt et eng gewëssen Oppositioun, déi amgaang ass, sech ëmmer méi breet ze maachen, och a Russland, an déi muss och de maximalen Appui vun eise Länner hei kréien.

An et huet ee jo och ëmmer méi d'Gefill, wéi wann d'Invasiounsvirstellung vum Här Putin awer bis elo hannert sengen Erwaardunge bliwwen sinn, dank virun allem och dem enorme Courage vun dem ukrainesche Vollek. An ëmsou méi ass dat eng Ursaach, fir d'Ukrain och an Zukunft nach massiv um militäresche Plang ze ënnerstëtzen. Jiddefalls, eppes ass fir eis als

Demokratesch Partei ganz kloer: De Weste muss nach ëmmer ganz kloer fest zesummestoen! D'Mesuré mussen weidergoen. Moskau muss an d'Knée gedréckt ginn, soulaang jiddefalls, bis datt dee Krich hei en Enn kritt.

An eppes ass sécher, an dat soll och mäi Schlusswuert sinn: Fir eis ass déi Kris hei érischt eriwwer, wann dräi Konditiounen erfëllt sinn.

Déi éischt ass, datt dee leschte russeschen Zaldot ukraineschen Terrain verlooss huet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gusty Graas** (DP) | Déi zweet ass, datt d'Ukrain hir total Selbstbestëmmung erëmkritt an och behält an datt se ka selwer decidéieren, a wat fir eng Allianz se wëllt an Zukunft goen a sech net nach vu Moskau muss soe loosse, wat se däerf a wat se net däerf.

An dann eng drëtt Saach, wat, mengen ech, evident ass: Et muss d'Fro gestallt ginn, ob net den Här Putin respektiv seng Mataarbechter solle fréier oder spéider virun den Europäeschen oder den Internationale Geriichtshaff gestallt ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Graas. An da wier et un där honorabelen Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir erliewe grad eng ganz dramatesch Situatioun, déi déi ganz Welt an Otem hält. An der Ukrain selwer ass d'Situatioun relativ oniwwersiichtlech, op d'mannst emol vu baussen. Mee wat evident ass, dat ass, dass dës Invasioun net esou leeft, wéi de Putin sech et virgestallt huet.

Seng Truppe kommen net gutt virun, well d'Ukrainer sech mat allem wieren, wat se hunn. Elo kann een natierlech vill driwwer spekuléieren, wisou dat esou ass, ob et ass, well de Putin d'Saach falsch ageschat huet oder well dat russesch Militär sech net richtig preparéiert huet. Deen een oder deen anere freet sech mëttlerweil och, ob déi russesch Truppe sech effektiv immens vill Méi ginn, fir an deem Krich weiderzekommen, e Krich, deen net hien ass.

Wat mir an deem Kader awer elo relativ vill Suerge mécht, dat ass, dass déi Frustratioun iwwer mangeldn Erfolger beim Putin eventuell kéint derzou féieren, d'Attacken op d'Ukrain massiv ze verstärken an eng nächst Eskalatiounsstuf ze declenchéieren. Domadder wärend d'Zivilisten dann nach méi a Gefor. Elo scho sinn Honnerttausende Mënschen aus der Ukrain geflücht. Den UNHCR rechnet potenziell mat bis zu véier Milliounen Flüchtlingen.

An Europa reagéiert: Et ass eng Risewell vu Solidaritéit, déi sech op all Niveau weist. Vun den Honnerttausende Leit, déi un Demoen deelhuele, iwwert den Accueil vun de Flüchtlingen hannert der ukrainescher Grenz bis hin zu de ganz substantielle Mesuren, déi vum Westen a besonnesch och vun der EU getraff gi sinn an déi hiresgläiche sichen. SWIFT, Waffeliwwerungen, Sanktiounen géint Oligarchen, déi dem System Putin nostinn, jo souguer d'Schwäiz huet sech den EU-Sanktiounen ugeschloss.

An effektiv ass d'EU wéi verwandelt. Wann et dem Putin säin Zil war, d'EU ze schwächen, dann huet en elo genau de Géigendeel erreecht. Et war elo am Endeffekt hien an hie ganz eleng, deen derfir gesuergt huet, dass d'EU ganz no beieneegerékelt ass an zu engem seriösen aussepoliteschen Acteur ginn ass, dee couragéiert mat enger Stëmm schwätzt.





**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Et ass och hien eleng, deen den däitsche Pazifismus begruuewen huet a Schweden a Finnland derzou verleet huet, vill méi no a Richtung NATO ze réckelen. Ma een, dee mat engem Atomkrich dreet, well e sech selwer därmoossen an d'Abseits manövréiert huet, dee muss a Kaf huelen, dass d'Welt sech vun ëm ofdréit.

Fir et an de Wieder vum Jens Stoltenberg ze soen: „This is the new normal.“ D'Welt ass haut eng aner, wéi se et nach virun zwou Woche war. A wann d'Welt eng aner ass, da muss d'Politik och eng aner ginn.

Mir hunn Diplomatie bedriwwen quasi bis zum batteren Enn. Mir hunn den Dialog vergeeblich gesicht. D'Konsequenz vun all deem ass, dass duerch déi jëtzege Sanktiounen Russland isoléiert ass an och wirtschaftlech an de Ruin gedriwwen gëtt. A mäin Häerz blutt natierlech och fir déi russesche Zivilbevölkerung, déi enorm ënnert dëse Mesurë leide wäert, eng Bevölkerung, an där vill couragéiert Leit sech trauen, op d'Strooss ze goen an auszedrécken, dass dee Krich do net an hirem Numm gefouert gëtt. Mee mäin Häerz blutt och a virun allem fir déi daper Ukrainer, déi sech dat dote mat Sécherheet och net konnte virstellen a sech et och net erausgesicht hunn. Hire Courage verdingt eise volle Respekt an eis ganz Ënnerstëtzung!

Dofir féiert leider och elo kee Wee laanscht all déi Sanktiounen an et ass impressionnant ze gesinn, wéi de Westen erkannt huet, dass „business as usual“ elo net méi de Mot d'ordre ka sinn. An och Lëtzebuerg bedeelegt sech um internationalen Effort a schéckt militärescht Material an d'Ukrain. Als Zeeche vun eiser Solidaritéit a fir d'Ukrain an der Lutte géint déi russesche Invasioun ze ënnerstëtzen, ass gëschter vum Minister Bausch annoncéiert ginn, dass Lëtzebuerg der Ukrain ënner anerem 100 Panzerofwieraffen, Jeepen an Zelter wäert liwweren an dass eis Presenz a Litau vu véier op sechs Leit verstärkt wäert ginn, an dat begrëisse mir ausdrécklech.

(Brouhaha)

Moien, Här Wolter.

(Brouhaha)

Mee och eis Zivilgesellschaft weist sech solidaresch mat alle Mëttelen, déi se huet, och wann et just symbolesch ass, mee déi Biller, déi stralen duerch d'ganz Welt. An och de Syvicol weist sech méi wéi solidaresch.

Mir stinn natierlech voll a ganz hannert deene Sanktiounen, déi en place sinn an déi natierlech och eis treffe wäerten. Do brauche mer eis näischt virzemaachen. Mee hei geet et ëm alles an do ass kee Präis ze héich, fir eis Valeuren ze verdeedegen. A grad elo gesi mer och méi wéi däitlech, wéi wichteg international Bündnisser sinn. Kee Land kann an eng Situatioun wéi där heiten eleng bestoen, an all Land soll och seng Allianz kënne selwer eraussichen. A mir kënnen nëmmen hoffen, dass dëst sech och nohalteg an d'Käpp vun eisen Entscheedungsträger wäert agra- véieren.

Eis Aussepolitik wäert vun elo un eng aner sinn. Handelsbeziéunge wäerten zum Deel a Fro gestallt ginn. Eis Energiepolitik muss konsequent weidergedriwwen ginn a Richtung vun den erneierbaren Energien. An ech muss soen, Här Wiseler, dass Är Wieder vun d'ënescht mer ganz gutt gefall hunn an dass ech déi och ausdrécklech begrëissen.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Den Här Wiseler versteet et, mee mir hate gesot, mir géifen haut keng Polemik maachen.

(Interruption)

Näischt, et war onwichtig.

Mir si ganz derfir - ech mengen, dat läit an eiser DNA -, fir och fir méi resilient Liwwerketten ze suergen, fir eis net méi esou ofhängeg ze maache vu fossillen Energien, mat deene mer eis erpressbar maachen. Mee elo geet et an eng éischter Phas mol drëm, nach wie vor ganz vill Fangerspëtzegefill ze weisen an diplomatesche Geschéck, well d'Zil muss et weiderhi sinn, op de Verhandlungsdësch zrëckzekommen an dem Putin eng Voie de sortie ze bidden, wou en net komplett d'Gesicht verléiert. Well nëmmen esou ka verhënnert ginn, dass nach vill méi Mënschen hei zu Schued kommen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Empain. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. An och fir unzefänken dem Här Cruchten an der LSAP e Merci, dass se d'Geleeënheet geholl hunn, fir datt mer haut nees kënnen iwwert d'Ukrain schwätzen.

Här President, zënter elo scho bal eng Woch hu mer Krich op europäeschem Buedem. De militäreschen Ugrëff géint d'Ukrain hu mir verurteelt. Als Äntwert op dës Situatioun huet d'NATO preventiv an dissuasiv Moosssname geholl, déi d'ADR ënnerstëtzt. D'EU a vill Staaten, och Lëtzebuerg, hu sech op bilateralem Niveau solidaresch gewisen an eng Rei vun Hëllefsmoosssname fir d'Ukrain decidéiert.

D'ADR begrëisst ausdrécklech all humanitär an ekonomesch Hëllef, déi de Leit an de Konfliktregionen zeguttkënnt. Si ass och bereet, wéi si et ugekënnegt hat, fir Leit aus der Ukrain zu Lëtzebuerg Schutz ze bidden, soulaang se dee brauchen. D'ADR denkt, dass eis Hëllef soll séier, generéis an onbürokratesch sinn.

Mir bedauern an deem Zesammenhang, dass de Projet vun engem Militärspidol nach net virukomm ass. Esou e Spidol hätt elo kënne wäertvoll Déngschter leeschten. D'ADR ënnerstëtzt d'Liwwerung vun net déidlechem militäresche Material un d'Ukrain. Iwwert d'Liwwerung vu Waffe gouf d'Chamber informéiert, awer net consultéiert.

Här President, mir begrëissen, dass Russland an d'Ukrain mat Verhandlungen iwwer e Waffestëllstand ugefaangen hunn a mir hoffen, dass dës Gespréicher zu séieren a positive Resultater kommen. Am Fall, wou mir zu der Ëmsetzung vun engem Waffestëllstand kéinte konstruktiv bäidroen, zum Beispill duerch Fridenstruppen, sollte mer dat maachen. Och sollte mir alles maachen, fir e Fridensvertrag tëschent der Ukrain a Russland ze begënschtegen.

An Zäite vu Krichsstëmmung a massiver Propaganda ass et schwéier, roueg ze argumentéieren a moderéiert ze bleiwen. D'ADR probéiert dat trotzdem. Loosst mech dowéinst betounen, dass mir d'Ukrain wëllen engagéiert ënnerstëtzen, awer dass Lëtzebuerg net am Krich géint Russland ass! Et gëtt kee Krichszoustand, et gëtt keng Krichserklärung! A mir sollten och net deen Androck ginn.

Och wa mir den Ugrëff op d'Ukrain kloer verurteelen, sollte mir awer net aus den Ae verléieren, dass eng europäesch Fridensuerdnung nëmme mat Russland an net géint Russland méiglech ass.

Mir sollte bei de Sanktiounen dowéinst op d'mannst véier Krittären ëmmer am A behalen.

Deen éischten ass: Dénge si dem Zil, fir am aktuelle Konflikt Friden ze begënschtegen, oder enger anerer Agenda? D'ADR ënnerstëtzt d'Sanktiounen, déi am direkte Kontext vum Konflikt an der Ukrain friddensstëftende Sënn maachen.

Deen zweete Krittär ass: Sinn d'Konditiounen kloer festgeluecht, ënner wéi enge Konditiounen déi Sanktiounen nees opgehuewe ginn? D'ADR wëllt net an eng Situatioun vun éiwege Sanktiounen geroden, just well dat kéint am strateegeschen oder ekonomeschen Interessi vun anere Staate leien. Mir deelen den europäesche Kontinent mat der Ukrain a mat Russland a mir brauchen dowéinst eng Politik mat Aemooss a Verstand.

Deen drëtten Krittär ass deen, dass d'Sanktiounen net d'äerfe géint eis eege Wäerter verstoussen. Zu deene gehéiere Meenungsvillfalt a Meenungsppluralismus. D'ADR ass géint Zensur an dowéinst och dergéint, fir Medien ze verbidden. Esou eng Demarche ass e geféierleche Prezedenzfall an enger fräiheetlecher Demokratie. Wa mir ufänken, Medien ze verbidden, wou hält dat op? Verdeedege mir dann net méi e Gesellschaftsmodell, deem seng zentral Iddi d'Fräiheet ass?

Dee véierte Krittär ass: D'Sanktiounen d'äerfen d'Situatioun net verschlimmeren, zum Beispill doduerch, dass Russland sech fir laang Zäit strateegesch Partner géif eraussichen, déi a ville Beräicher aner Wäerter vertriebe wéi mir.

Här President, den Här President Selenskyi huet eng séier Membership vun der Ukrain an der EU an d'Gespréich bruecht. D'ADR denkt, dass d'Ukrain prinzipiell kéint e Member ginn, wa si d'Kopenhagener Krittären all erfëllt. Mir wëllen d'Ukrain op deem Wee ënnerstëtzen, awer mir wëllen och keng Naivitéit. Déi Zoustänn an der Ukrain - och scho virum Konflikt - waren a sinn net rechtstaatlech.

D'Mënschrechtssituatioun war schlecht, Strukture wéi den Azow-Bataillon absolutt intolerabel. Och muss d'Ukrain all d'Garantië fir hir Minoritéiten ginn, inklusiv der russophoner Minoritéit. Et ass bedauerlech, dass déi Minsker Accorden ni ëmgesat goufen, wat jo bekanntlech eng vun de Konfliktsaachen ass. Dat rechtfertegt sécher kee Krich, mee d'EU dierf och keng ongeléist Problemer importéieren.

Deen éischte Kopenhagener Krittär, dee politeschen, ass dësen: institutionell Stabilitéit, demokratesch a rechtstaatlech Uerdnung, Respekt virun de Mënscherechter, Schutz a Respekt vun de Minoritéiten. Dat erwaarde mir och vun der Ukrain.

Här President, nach ee Wuert zu der europäescher Arméi, déi och elo nees vu verschiddene Leit virgeschloen gëtt. D'ADR ass d'accord, fir d'Zesummenarbeit tëschent den europäeschen Arméien ze verstärken an Ekipementen ze harmoniséieren. Mir wëllen awer keng gemeinsam Arméi a mir wëllen déi komplett Kontroll iwwer eis eege Bausen- a Sécherheitspolitik, souwäit mir dat als klenge Land kënnen, behalen. E Verzicht op d'Eestëmmegkeet an der EU an deene Froe kënnt fir eis dowéinst net a Fro.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et un der honorabelen Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, de Krich an der Ukrain ass vun der russescher Féierung ausgeléist ginn. An et ass déi russesche Féierung, déi d'Responsabilitéit



dréit fir dat, wat am Moment geschitt. Et ass en imperialisteschen Ugrëffskrich géint e souveräänt Land, deen e grave Broch vum Völkerrecht duerstellt an dee mat näischt ze rechtfertigen ass!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | D'Bevëlkerung an der Ukrain leit am Moment fuerchtbar ënnert de Kampfhandlungen, déi vum russesche President an enger Clique vun Oligarchen a Krichsdreier provocéiert goufen.

Als Lénk geet eis ganz Solidaritéit un d'Zivillbevëlkerung an d'Ukrain, mee och un d'Zivillbevëlkerung a Russland. Nees eemol sinn et déi einfach Leit, déi kleng Leit, déi tëscht de Krichshandlungen gefaange sinn, déi vläicht net fortkommen an déi de fierchterleche Choix mussen huelen: „Bleiw en ech a kämpfen oder desertéieren ech, flüchen ech?“ An déi wäerte bludden.

Ech kann net anescht, wéi u mäi Grousspapp denken, dee vun der Nazi-Arméi agezu gi war an als klengen Aarbechter huet missen un der Front géint d'Russe kämpfen. Sāi Liewe laang war hien traumatiséiert. Hien huet misse géint aner normal Leit, kleng Leit, Aarbechter a Bauere kämpfen, mat deenen hie wuel méi gedeelt huet wéi mat deenen, déi si un d'Front geschéckt hunn.

Europa ass elo gefuerdert, fir deene Betreffene schnell an effektiv humanitär Hëllef zoukommen ze loossen an och fir all déi Mënschen opzehuelen, déi musse flüchten - an dat iwwregens ouni Differenzéierung vun Hautfaarf, Relioun oder Nationalitéit.

Mir fuerderen en direkte Waffestëllstand an en direkte Réckzuch vun alle russeschen Truppen. Mir fuerderen och, dass Moskau d'Unerkennung vun den zwou Deelrepubliken erëm zrëckhëlt an dass den diplomatesche Prozess opgeholl gëtt. Doriwwereraus musse méi grondleënd Gespréicher an d'Weeër geleet ginn, mat dem Zil, eng allgemeng akzeptéiert Sécherheitsarchitektur fir ganz Europa ze erreechen.

Et ass um Verhandlungsdësch, wou mer Friden erreechen. Diplomatie ass deen eenzege Wee, fir Konflikter dauerhaft ze léisen. Mir si géint all Form vu militärescher Eskalatioun a géint eng weider Militarisierung vum Konflikt. An dofir hu mir och ganz staark Bedenken, wat déi massiv Waffeliwwerung vu westleche Staaten un d'Ukrain ugeet.

Mir stinn dofir och der Lëtzebuerger Regierung hire Waffeliwwerunge kritesch géint iwwer, virun allem zu engem Zäitpunkt, wou déi éischt Gespréicher tëscht der ukrainescher an der russescher Säit stattfannen. Et kann ee sech elo froen, ob dat wierklech ubruecht ass an ob dat net awer nach weider Ueleg op d'Feier geheit.

Gleeft mer, et ass net einfach, Positioun ze ergreifen! Ech denken, Iech ass et awer och esou gaangen. Et ass en Dilemma. Ech kommen aus der Mënschenrechts- a Fridensbewegung, an an deem Sënn kënnen ech dat internationaalt Recht op bewaffnete Widderstand an enger besater Situatioun.

Jo, e militäresch besatend Land huet d'Recht op bewaffnete Widderstand. An dat gëllt fir jiddereen, fir all Land, an net just fir déi, déi vu Russland besat sinn. Mee vun deem Constat bis dohin, Waffen ze liwweren, ass et nach e grouse Schrëtt. Duerch Waffeliwwerungen huele mir indirekt Deel um Krich.

Ech si mer bewosst, dass et eng Demande vun der Ukrain gëtt, an awer doe mir zur Oprüstung bäi an zu der militärescher Eskalatioun. A mir bezweifelen, ob dat de richteg Wee ass, well mer net wëssen, ob dat de Konflikt an d'Längt zéit oder méi kuerz mécht.

Als Lénk si mir géint e binäert Denken. Et ass net einfach Demokratie versus Autokratie. Nee, dem Putin sāi Regime gedeit op engem wëllen a gieregen Oligarchiekapitalismus, deen enk mam neoliberalen Finanzkapitalismus zesummegehaaft huet! Europa muss sech elo aktiv asetze fir e Waffestëllstand um Verhandlungsweg. Virun allem dāerfen elo an der NATO keng zynesch Calculer gemaach ginn, wéi een aus der aktueller Krichssituatioun ka politesche Profit schloen. Dat ass e Spill mam Feier, dat néierewou hiféiert.

Lëtzebuerg huet ganz aner a vill méi sënnavoll Méiglechkeeten, fir op dee Konflikt anzewierken, wéi Waffen dohinner ze schécken. Mir wëssen alleguer, dass eis Finanzplaz eng Dréischeif ass fir d'Sue vun de russeschen Oligarchen an de russeschen Entrepreneuren, déi enk mat der politescher Klass verbonne sinn. Mir mussen déi Sue fannen a blockéieren, och wann dat iwwert déi aktuell EU-Sanktiounen erausgeet a wann dat eis eppes kascht.

Wéi gesot, et handelt sech bei der russescher Offensiv ëm e grave Völkerrechtsbroch. An och Lëtzebuerg dāerf net einfach nokucken. Déi Lénk erkennen d'Necessitéit vu Sanktiounen un, déi gezilt déi russesch Féierung an d'Viséier huelen. Mee geneesou kloer soe mir och, datt d'Sanktiounen net zu enger kollektiver Bestrafung vum russesche Vollek dāerfe féieren.

Vill Leit sinn a Russland géint de Krich op d'Strooss gaangen, an ouni déi massiv Repressioun géife warscheinlech nach méi Leit op d'Strooss goen. Et dāerf een déi einfach Biergerinnen a Bierger a Russland oder och a Belarus net mat hirer krimineller Féierung gläichsetzen!

An der aktueller Situatioun hu vill Leit d'Gefill, och hei zu Lëtzebuerg, datt Russland elo muss bestrooft a gedeemüteg ginn an an d'Knée gezwonge ginn. Mee Roserei, esou berechtigt se och ass, ass keng Grondlag fir eng vernünfteg Aussepolitik. D'russescht Vollek wāert et och nach ginn, wann de Wladimir Putin eng Kéier net méi do ass. Europa a Russland hunn eng gemeinsam Zukunft, an déi muss net zwangseefeg geprāagt si vun Opposition, Konfrontatioun a militärescher Oprüstung. An déi Zukunft gëllt et ze preparéieren.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Här President, et ass e Mix aus Trauregkeet a Roserei a bei ville Leit sécherlech och Angscht, déi dēse Krich ausgeléist huet. Jo, déi Invasioun an der Ukrain huet ganz vill Emotiounen an Europa an och weltwäit ausgeléist. Jo, och bei den Awunner hei am Land.

Laang war een net méi gewinnt, Zuelen ze héieren, wéi Kanner musse stierwen, net duerch iergendeng Pandemie, en Ongléck oder eng Naturkatastroph, mee gewollt duerch Waffen aus engem anere Land, duerch Zaldoten, déi bewosst dohinner geschéckt gi sinn.

Ech mengen, déi Biller, wou mer gesinn hunn, dass ganz normal Awunner quasi mat engem Reech sech virun de Panzer stellen, fir dass deen net an d'Ukrain erakënn, dat si Biller, déi ee vun dem europäesche Kontinent net méi kennt huet an déi op d'Schlëmmst ze verurteelen sinn. An do gëtt et och keng Nuance oder Excuse, déi ee kéint fanne fir d'Verhale vun der aktueller russescher Regierung.

Elo musse ganz kloer d'Limitten opgewise gi fir de President Putin, well mir mussen eis jo näischt virmaachen: Wann en d'Ukrain sollt kréien - wat mir als Piraten net hoffen, mee sollt kréien! -, da wāert déi Persoun, mat deem psychologesche Schema, mat deem se am Moment firt, net an der Ukrain ophalen.

Mir Piraten ënnerstëtzen d'Material- an och d'Waffeliwwerungen un d'Ukrain, déi d'Lëtzebuerger Regierung beschloss huet. Dat sinn defensiv Waffen, 100 Panzerofwierrakéiten, déi sécherlech méi derzou wāerte bāidroen wéi de symbolesche Reech, deen déi eenzel Leit kënnen hunn, fir de Panzer ze stoppen. Jo, mir sinn eis och bewosst: Et ass en Tabubroch an der Lëtzebuerger Politik, an der europäescher Politik, mee et war net d'Demande vun der EU, déi dohinner gefouert huet, et ass eng Reaktioun op eng Politik vu Russland.

Wat d'Sanktiounen ugeet, déi ënnerstëtze mir. Do muss een natierlech éierlech soen, dass dat éischter en EU-Dossier ass. Mir als Lëtzebuerg kenne soen, dass mer se gutt fannen, mee mir mussen awer éierlech sinn a soen: Et ass d'EU, déi do d'Gewicht huet. An do kenne mer och houfreg sinn, dass Lëtzebuerg sech iwwerall bedeelegt huet bei den eenzelne Sanktiounen an Europa.

D'Energiepolitik, jo, déi musse mer iwwerdenken. Mir sinn awer nun emol elo an der Situatioun, dass mer et net vun haut op muer iwwerduecht kréien, dass mer et net einfach geännert kréien. Dat heescht, mir mussen elo an dēser Situatioun kucken, dass mer eng Energiesécherheet hunn, dass mer net herno um Dréchnen setzen, dass mer elo nach duerch déi kal Zäit kommen.

Ech war selwer iwwerrascht, dass mir iwwerhaupt hei en RT-Sender hunn - ech sinn och Client bei där Lëtzebuerger Kommunikatiounsfirma -, dass mir iwwerhaupt esou eppes hei am Fernsee hunn. Ech sinn och frou doriwwer, dass mer elo gesot hunn, dass all déi Sender an Europa net méi sollen ausgestraalt ginn. Well et huet näischt mat Meenungsfräiheet ze dinn, wann e Regierungssender, dee reng do ass, fir Propaganda ze sende fir de President, weider hei ausgestraalt gëtt. Dat wāer keng Meenungsfräiheet - genau am Contraire!

Eng kleng Kritik bréngen ech awer dann och un un d'Lëtzebuerger Regierung, wou mer mussen e kleng Schrëtt nobesseren. Ech mengen och, do op oppen Oueren ze stoussen. Dat sinn d'Lëtzebuerger Flieger, déi am Moment nach vu russeschen Oligarchen benotzt ginn, fir Sanktiounen ze ëmgoen, well déi leider eng LX-Kennung hunn. Soumat dierfen déi an Europa fléien. Mee d'Lëtzebuerger Regierung huet awer Moyenen, fir déi trotzdeem op de Buedem ze bréngen. An ech mengen, do stoussen ech op oppen Oueren, fir dass net mir herno als Land do stinn, wat dat Lach opgelooss huet.

Et muss een och ganz kloer soen: Et dierf een elo net all eenzelne russesche Bierger verdamen - am Contraire! Ech kenne russesch Matbierger, déi hei liewen, déi eng ganz kloer Kontra-Putin-, Kontra-hir-Regierung-Positioun agehall hunn. An et sinn och vill Leit a Russland selwer, déi dēse Positioun agehall hunn, se awer bekanntlech net ausliewe kënnen.

Ech mengen, Dir hutt alleguer matkritt, dass de President déi éischt Demonstratiounen vun der Bevëlkerung - a mäi Respekt gëllt all de Leit, déi de Courage iwwerhaupt hunn, fir zu Moskau oder zu Sankt Petersburg op d'Strooss ze goe fir se demonstrieren -, jo, mat aller Gewalt erëm agedāmt huet, dass och nëmmen net iergendeng Demonstratioun ka stattfannen. Mee ech si fest dervun iwwerzeegt, dass e groussen Deel vun deene Leit, déi a Russland



liewen, net averstane si mat deem, wat hire President gemaach huet.

Zu der Demande fir den EU-Bäitritt vum der Ukrain, do si mir Piraten ganz favorabel, fir dat Verfahren opzehuelen. An dat ass och en Dossier, deen e bësse leie bliwwen ass, well, bekanntlech, 2014 bei der oranger Revolutioun waren déi Diskussiounen schonn. Mee egal wéi mer d'Verfahren elo géifen dréien a kéieren, wäert dat an der aktueller Situatioun leider net schnell genuch sinn, fir der Ukrain ze hëllefen.

D'Solidaritéit an Europa ass immens wichteg. Ech ka se och bal nëmme luewen. Haut kouw e kleng Bemoll derbäi, wéi Ungarn gesot huet, si géife keng Waffeliwwerunge vun europäesche Länner duerchloossen. Ech huelen dat emol einfach als: „Naja!“ Mir kennen den Orbán. Mee déi grouss Solidaritéit an Europa steet awer. An ech mengen, mir wäerten och nach um diplomatesche Wee Ungarn iwwerzeegen, fir déi Waffeliwwerung och un hirer Grenz duerchzeloossen.

Wa mer allegueren zesummenhalen als Europa, als NATO, weltwäit - ech mengen, Dir musst Iech bewosst sinn, och Australie mécht elo mat, ganz wäit ewech, fir Waffen ze liwweren -, fir der Ukrain ze hëllefen, da kënne mer där Situatioun entgéintgoen. Et ass elo de Moment, fir der russescher Regierung d'Limitten opzeweisen, fir dass net nach méi Leed wäert entstoen! Dofir merci un all déi Bierger op der ganzer Welt, déi sech géint de russesche President stellen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aussen- an Europa-minister, de Minister fir Immigratioun an Asyl, den Här Jean Asselborn.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alléierscht well ech dem Yves Cruchten Merci soen, dass en déi Initiativ hei geholl huet. Ech mengen, en huet och a senger Ried zimmlech kloer duergestallt, wou mer a ville Punkten dru sinn, och an de Sanktiounen. Ech hat d'Geleeënheet, an der Éffentlechkeet doriwwer ze schwätzen. Ech mengen, dat kënne mer eis spueren - also, vu menger Säit.

De Widerstand ass effektiv vill méi staark, wéi Russland an de Putin dat erwaart hunn. A wéi gesäit et aus um Terrain an der Ukrain? Ech hu virun enger hallwer Stonn nach mat eiselem Ambassadeur geschwat a mer hu versicht, de Punkt ze maachen an der Ukrain - et ass jo eis Ambassadeur zu Prag, déi d'Ukrain ofdeckt -, wéi do d'Stëmmung ass.

Bon, dat Éischt, dat ass: Mir wëssen, dass mer um Ufank sti vun där Militäroffensiv. D'Zil ass et, fir Kiew komplett anzekreesen. Dir wësst, dass vun de Mueren un eng méi wéi 60 Kilometer laang Panzerkolonn sech op d'Hauptstad zoubeweegt, fir dann eng Buedemoffensiv ze starten an dann och mat Rakéitebeschoss Kiew Quartier fir Quartier anzehuelen.

Dat wäert dann zwou Konsequenzen hunn. D'Flüchtlingswell gétt an den nächsten Deeg verstärkt, d'Populatioun wëllt a Richtung Westen, awer mir wësse vun Zeien, dass d'Stroosse praktesch total blockéiert sinn, dass een och net méi aus Kiew erauskënnt. An dass natierlech awer och an der Ukrain net opgi gétt, dat heescht, dass d'Ukrainer zu Kiew, wéi och an anere Stied, mat deene Mëttelen, déi se zur Verfügung hunn - dat sinn heiansdo Molotov-Cocktails, et si Sportsflinten - sech wieren. Et ass also net esou, dass an deenen nächsten Deeg elo keng Géigewier par rapport zum Putin sengen Truppe besteet.

D'Zil vun de Russen ass et, wéi Der wësst, déi ukrainesch Regierung total ausser Gefecht ze setzen. Virum Krich, viru sechs Deeg, si schonn Doudesleschten zirkuléiert. De President Selenskyj steet dorop ganz uewen, an och allegueren déi, déi d'Politik elo matgedroen hunn elo, dat muss ee wëssen.

Dobäi kënnt, an dat ass extreem, extreem grav, dass d'Wagner-Miliz, Dir kennt déi, och elo scho sur place ass, och zu Kiew, dass d'Kadyrowen aus Tschetschenien do sinn, dass d'Speznas - dat ass déi Spezialunitéit, de Killertrupp vum Kreml - an de Groussstied sinn an natierlech och schonn zu Kiew.

Souwuel d'Regierung ëm de Selenskyj wéi och d'Stadverwaltung vu „Kyiv“ an den Här Klitschko hu jo gesot, dass se d'Stellung weiltalen halen an d'Vollek ëmmer erëm drun erënneren, Courage a Motivatioun ze behalen.

Et ass iwwregens keng Stad an der Ukrain, déi sech erginn huet. Déi zweetgréisste Stad an der Ukrain ass Charkiw. Do ass zënter Deeg schwéiere Beschoss op d'Wunnquartieren. Dir wësst, dass et e Krichsverbriechen ass, wann een eng Stad bombardéiert, wou ee weess, dass keng militäresch Resistenz do ass, dass just Zivilleit do wunnen, et ass also e Fall fir den Internationale Geriichtshaff, wou de Putin sech misst verantworten, eleng wéinst deem Fakt do, wat e Krichsverbriechen ass.

Zu Charkiw - wéi gesot, dat ass déi zweetgréisste Stad - si Russe bis an den Zentrum virgedrongen, mee se sinn einstweilen elo zrëckgeschloe ginn. Mee natierlech sinn d'Chance grouss, dass dat nach eng Kéier abrécht.

Des Weideren ass et och wichteg ze wëssen, dass an der Géigend vun Dnipro, also am Süden, an den Hafestied um Schwaarze Mier, Mariupol, Cherson an Odessa, ganz staark Kämpf sinn, ganz vill Asaz vun de Russen, fir déi Stied ze huelen. Et ass bis elo just eng kleng Stad, dat ass Berdjansk, déi gefall ass. All déi aner resistéieren nach.

Mee natierlech, déi russesch Militärmuecht, mat Hëllef - an dat ass jo vläicht nach net esou betount ginn hei - vum Lukaschenko, also mat Hëllef vu Wäissrussland, schéisst nach ëmmer Missillen aus Wäissrussland op d'Ukrain, fir eeben dat Land total ze zerstéieren.

Och am Süden, also op der Krim, gétt vun deenen zwou Säite versicht, alles ze besetzen, alles ënnert d'Kontroll ze kréie vun de Russen. An dat ass natierlech immens, immens geféierlech, well Dir wësst, zum Beispill den Hafe Mariupol ass e risegen Hafen, a wann deen an d'Hänn vun de Russe fält, da wier natierlech d'Ukrain, wéi se bis elo bestanen huet, eigentlech erwiert.

Ob Russland elo déi ganz Ukrain wëllt ënner Kontroll kréien an och elo am Westen amarschéiert? Et si scho Bombardementer am Weste geschitt, zu Lwiw, an och zu Iwano-Frankiwsk. Och do ass scho bombardéiert ginn. Mee et muss een elo kucken, wat d'Russe wëllen hunn, entweeder an Dnjepir d'Ukrain ze splécken an Ost an a West, oder da carrement déi ganz Ukrain ënner Kontroll ze huelen.

D'Ukrainer wëssen, dass et militäresch gesinn aussichtslos ass, dat wësse se, trotz der militärescher Ënnerstëtzung, déi jo och elo indirekt gi gouf vu Verschiddenen, mee natierlech och vun der Europäescher Unioun. Ech war e Sonnden derbäi, wéi mer déi Decisioun geholl hunn, a gleefst mer, ech si mat der Madamm Nathalie Oberweis d'accord, dass een dat muss kënne diskutéieren. Mee ech soen Iech awer och, Dir hutt net de President Selenskyj praktesch ouni Kleeder gesinn, och net den Ausseminister, dee gefleet huet: „Dir kënnt net ëmmer soe ‚Solidaritéit mat der

Ukrain, Solidaritéit mat der Ukrain‘, an Dir loosst eis hei an de Kellere setzen an Dir gitt eis emol net déi elementaarsten Ekipementer, fir eis ze wieren!“

Déi 500 Milliounen, do si jo 50 Milliounen derbäi fir Medikamenter an Non-lethal-Ekipementer. Mee dat sinn einfach, wann ech dat richteg verstanen hunn, an esou ass et och vu jidderengem verstanen ginn, Antimisillekipementer an ein sinn Antitankekipementer, fir sech kënne nach iergendwéi ze wieren. Stellt ee sech vir hei a Lëtzebuerg mir wieren esou besat! Do gétt et jo och grad wéi hei Frae mat Kanner, al Leit, déi awer nach iergendeng Hoffnung mussen hunn, dass een hinnen hëlleft, fir sech do dergéint kënne ze wieren. Oder si ginn alles op, an ech mengen, dat ass net dat, wat d'ukrainesch Vollek decidéiert huet. An de Selenskyj ass deen, deen d'Resistenz verkierpert. An ech mengen, dass mer déi Hëllef ginn hunn. Ech hätt och virun dräi Wochen, souguer nach virun zwou Wochen, net geduecht, dass mer eng Kéier op dee Wee géife goen. Mee ech fannen dat richteg!

An ech fannen och richteg, , wat mer hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn - de François Bausch -, dass mer kucken, wat mir hei zur Verfügung hunn, fir de Leit kënne ze hëllefen. Dat ass dee richteg Wee.

**Une voix** | Très bien!

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** | Ech well och soen - wat meng Informatiounen sinn -, dass mer net sollen allze vill Hoffnungen hunn an déi Gespréicher do op der Grenz tëscht der Ukrain a Wäissrussland. Ech mengen, den Här Kartheiser hat dat ugeschwat. Wat meng Informatiounen sinn, dat ass éischstens emol, dass eng zimmlech héichkarateg Ekip do war vun der Ukrain, mee dass et zimmlech Bëtonskäpp aus der drëtter Rei waren, déi fir d'Russen do souzen. An Dir hutt gesinn, och dat Wuert vum Lukaschenko, dass keng Missillen aus Wäissrussland op d'Ukrain géife geschoss ginn, dat huet en net agehalen. A soubal wéi déi Gespréicher eriwuer waren, ass et erëm weidergegaangen. Bon, et ass e Rendez-vous do, fir weiderzeschwätzen, mee ech mengen, et wier e Feeler, wann ee sech do vill ze vill Hoffnungen géif maachen.

Wat och ass: D'Zuele si ganz schwéier op en Nenner ze bréngen. Offiziell - dat sinn d'Zuele vun der UNO - wieren 352 Affer elo an der Zivilbevëlkerung, dovunner 16 Kanner, an eng 2.000 Blesséierter. Iwwer Militäraffer ass wéineg gewuer ze ginn, dat ass richteg. Dir wësst awer, dass d'Ukrainer vu 5.000 gefallene russeschen Zaldote geschwat hunn.

Wat elo Moskau ugeet: Dir wësst, et gétt héchstwahrscheinlech kee méi perfekte Polizeistaat de Moment wéi Russland. An et ass definitiv richteg, dass dat, wat de Kreml virgesinn hat, sech absolutt net zougedroen huet.

Fir d'alléierscht muss ee soen, dass zu Moskau een net weess, wat an der Ukrain lass ass. Dat gétt op der Televisioun an an de Medie carrement ausgeschloss. D'Leit wëssen net, wat sech an der Ukrain zoudréit!

Mee wat een awer gesinn huet, dat ass, dass zu Moskau d'Leit iergendwéi och net nëmme ee Signe ginn hunn, dass se hannert dem Putin géife stoen, offiziell op jidde Fall. Et ass och net esou wéi deemools bei der Krim, dass d'Russen als Libérateur empfaange gi sinn, op kenger Plaz an der Ukrain. An och zu Moskau ware keng Feieren, fir d'Helden, déi do an der Ukrain operéieren, ze éieren oder ze feieren.

Mir hunn och elo gesinn, dass an deene leschten Deeg Leit ufänken, Geschäftsleit wéi Fridman an Tinkof,



wichtig Geschäftsleit, sech géint de Krich auszuschwätzen. Allerdéngs geet een Tweet géint de Krich duer, fir dass een am Prisong sëtzt. An d'Leit fäerten effektiv, fir hir Meinung do ze soen. Schätzungen, wien domadder d'accord ass a wien net, soll een, mengen ech, si loosse, well dat bréngt näischt.

Wat een zu Moskau weess, dat ass, dass d'Filé virun de Bancomaten extreem laang sinn, dass een nëmme méi ganz kleng Montante kann ophiewen a praktesch keng Devisé méi, dass hiert Geld, also de Rubel, 50% u Wäert verluer hutt? An d'Entreprises, déi mussen 80 % vun den Avoiren, déi se hunn, a Rubele setzen.

Wat vläicht nach net esou diskutéiert ginn ass a wat een net esou weess, dat ass, dass grouss Firms wéi Shell a BP amgaange sinn, sech total aus Russland zrëckgezéien. An Dir wësst, wat fir e Maart Russland fir déi grouss Firms war! D'Aktie vun deene groussen Entreprises, déi sinn amgaangen zesummenzebriechen. An et muss ee wëssen, de Procureur général, wat natierlech och een ass, dee ganz no bei dem Putin unzesidelen ass, dee seet, dass all Assistance financière, matérielle ou consultative, also alles, wat ee géint d'russesch Politik seet, „haute trahison“ ass an dass ee ka bis zu 20 Joer Prisong kréien.

Déi Contestatioun géint de Krich besteet a Russland, an duerfir muss ee soen: Chapeau fir déi Leit, déi hir Fräiheet op d'Spill setzen, dass se dat maachen! Mee et sinn de Moment - dat sinn d'Chiffere vun de Mueren 6.500 Leit arrêtiert oder an Detentioun.

Et ass elo op russescher Säit net méiglech fir erauszefannen, wat fir Informatiounen genee passen, wat déi militäresch Operatiounen an der Ukrain ugeet. Do gëtt et keng, a wann ee schonn nëmme freet, ass ee scho verdächtig.

Et muss een och soen, dass d'Russen trotzdem gëschter fir d'éischt zouginn hunn, dass russesch Zaldoten hiert Liewe an der Ukrain verluer hunn. Anerersäits huet den Defenseminister Schoigu dem Putin bericht, dass alleguerten déi strategesch Missillen, d'Flott am Norden, am Pazifik, an och d'Fliegeren à longue portée, prett sinn. Dir wësst, dass de Putin jo gëschter oder virgëschter gesot huet, e misst e Schratt méi wäit goen an alleguerten déi strateegesch Waffe misste prett stoen.

Nach vläicht ee Wuert. An de Banken ass den Zënssaz eropgesat ginn op 20 %. Dat muss Der Iech virstellen, dass d'Leit mat 20 % gelackelt ginn, fir hiert Geld op d'Bank ze setzen! An et kritt een natierlech, ech hunn et gesot, keng Devisé méi eraus. D'Aktien op der d'Bourse sinn ëm 50 % an de leschten aacht Deeg gefall.

Här President, ech géif nach vläicht op Lëtzebuergeresch hei e puer Wuert soen. Et hu 700.000 Ukrainer - dat sinn och d'Zuele vun de Mueren - d'Ukrain elo verlooss, meeschtens Ukrainer selbstverständlech. Dovunner sinn zwee Drëttel a Polen, wéi d'UNHCR seet. Dës Zuel wiest vu Minutt zu Minutt. Gëschter waren et 400.000 Leit. Et geet also exponentiell an d'Luucht. An d'Waardeschlaangen op de Grenzwergäng sinn dramatesch. Et gëtt gesot, dass d'Leit bis zu 80 Stonne musse waarden, bis se eng Chance hu fir eriwuerzekommen. Dir wësst, dass d'Männer net méi aus der Ukrain erauskommen, et sinn also virun allem Fraen a Kanner.

Moldawien ass dat Land, wat am schlechtesten drun ass. Et ass e klengt Land. Och do si scho 50.000 Leit ukomm. Een, deen eng Kéier a Moldawie war, dee weess, wéi aarm dat Land drun ass. A wann ech Moldawie soen, muss een oppassen, dass dat nächst Land, wat drun ass, net Moldawien ass! Well wann Der kuckt: Transnistrien ass net allze wäit ewech vun deem, wat sech ënnen op der Krim ofspillt. Dat ass

also net onméiglech. An d'Presidentin huet schonn aner Presidenten an Europa de Mueren alertéiert, dass se sech immens Suerge mécht.

Bon. Ech soe „bon“, mee et ass esou, dass dat d'Realitéit ass, mat där mer eis elo ausernanerzesetzen hunn an där Welt, déi mer elo zënter aacht Deeg gesinn. Et gëtt geschat - geschat, ech wëll elo kengem Angscht maachen, mee dat si Chiffere vum UNHCR -, dass bis zu véier Milliounen Leit kéinte flüchten, also d'Ukrain verloossen.

Mir zu Lëtzebuerg weisen eis solidaresch. Mir hu selbstverständlech scho virun zwee, dräi Deeg ugefaangen nozedenken, woumat mer elo konfrontéiert sinn. Déi, déi kommen, dat si praktesch lauter Leit, déi hei Famill hunn, déi hei Frënn hunn. Dat geet och ganz gutt iwwert d'Bün. Mir hunn och d'Zuelen net genee vun deene Leit, déi ukomm sinn. Ongefëier wësse mer et natierlech. Mee mir wëssen och, dass alleguerten déi Leit, déi elo a Polen sinn, a Rumänien an an anere Länner, och Weeër sichen an Europa.

An Europa ass jo elo solidaresch. Dat ass e gutt Zeechen, dass een dat agesinn huet. Ech hoffe just, dass an Europa eng Kéier agesi gëtt, dass et eigentlech keng Differenz gëtt tëscht Leit, déi virum Krich an der Ukrain fortlafe par rapport zu Leit, wat och Mënsche sinn, déi virum Krich a Syrie fortlafen, oder och op anere Plazen.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Ech wëll och soen, dass mer héieren hunn de Mueren, dass Busser sollen ënnerwee sinn op Lëtzebuerg. Dat muss awer alles confirméiert ginn. Mir si selbstverständlech amgaang, eis do um Courant ze halen. Mir musse wëssen, dass et dann, wa Busse géifen ukommen, ëm Verfleegung geet, ëm Encadrement an esou weider an esou weider. D'Kanner, déi matkommen, musse selbstverständlech kënne an d'Schoul goen.

Bon, wat elo d'Immigratioun méi technesch ugeet, do ass et esou, dass mer jo wëssen - ech mengen, den Här Cruchten huet dat och gutt gesot -, dass déi Leit kee Visa brauchen, fir aus der Ukrain heihinner ze kommen. Si sinn also fräi, fir op Lëtzebuerg ze kommen a si kënne dräi Méint heibleiwen. Mir hunn och elo e Sonndeg déi Restriktiounen opgehewen, déi mer nach op eiser Baussegranz am Kontext Covid haten, fir dass d'Leit aus der Ukrain kënne an d'Land erakommen a selbstverständlech dann och wéi all Mënsch hei dem 3G ënnerleien.

Ech wëll och soen, dass mer e Sonndeg nieft den Ausseministerechen och e JAI-Conseil haten, wou mer geschwat hunn iwwert déi Direktiv „protection temporaire“, déi mer am Kosovo-Krich haten, wou mer fir d'Leit, déi an engem massiven Afflux erakommen - an dat hei riskéiert e massiven Afflux ze ginn -, kënne eng Dispositioun treffen, dass ee kuerz, onkomplizéiert an onbürokratesch deene Leit kann e legale Statut op Zäit ginn. Wuerverstanen op Zäit! Ech hoffe jo, dass dat och nëmmen op Zäit ass an dass déi Leit ërem kënne zrëck an hir Heemecht goen. Dat ass jo och d'Hoffnung, déi déi Leit hunn. An do si mer derbäi, soubal dat zu Bréissel och elo a Form ass.

Dir wësst, Bréissel ass heiansdo ganz schnell, wéi dës Woch a verschiddene Saachen, mee heiansdo och extreem lues! Mir hunn nach keen totalen Accord, mee wann deen Accord kéim, wier dat gutt, da wieren och d'Dispositiounen an der ganzer Europäescher Unioun déi selwecht. Wéi gesot, dat ass eng Prozedur, déi einfach ass a wou d'Leit dann hei och eng Attestatioun kréien, dass se kënne hei liewen, dass se och ënnert d'ONA-Kompetenz kommen, dass se versuergt ginn, dass se kënne schaffe goen an dass

d'Kanner kënne an d'Schoul goen. Dat alles ass elo virgesinn.

Da wollt ech nach soen: Jo, den ONA ass do zoustänneg. Mir sinn do amgaangen. Bon, héchstwahrscheinlech musse mer och ërem op de Wee goen, fir Halen ze lounen fir déi Leit, wann effektiv den Afflux esou grouss gëtt. Mir hunn och elo nach eng Circulaire un d'Gemeinde gemaach. An ech soen och vun hei aus, wann Der wëllt: Hei sëtze ganz couragéiert Buergermeeschteren heibannen an och Deputéiertkolleegen, déi dee Schratt gemaach hunn. Et wiere vläicht, wann een d'Realitéit kuckt, och nach aner Gemengen, déi kéinten do een Hoff maachen an hëllef.

Ech wëll vläicht nach dräi Saachen zum Schluss soen dozou, wat gesot ginn ass iwwert d'Medien, dass mer hei géifen Zensur op Medien aféieren. Also, Russia Today an deen aneren, de Sputnik, dat si keng Medien, wéi mir dat verstinn, déi als Medie fräi schafen. Dat si Medien, déi vum Putin bezuelt ginn, fir Ligen a Fakenews an Europa ze verbreeden. Dat huet näischt mat Meinungsfräiheet ze dinn! Dat ass eppes ganz aneres an duerfir ass dat absolutt richtig, wat mer do an Europa gemaach hunn, och hei zu Lëtzebuerg, dass mer déi Mësch do ewechkréien.

**Une voix | Très bien!**

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Dat Zweet, wat ech wëll soen, dat ass, dass mer an aneren Zäiten, jo, a fréieren Zäiten, versicht hunn, fir a Russland Honorarkonsulen anzestellen. An do si bestëmmt och immens gudder a valabeler derbäi. Mee ech wëll Iech just soen: Ech maachen an den nächsten Deeg der Regierung eng Proposition an ech soen hinnen och, wat meng Meinung ass zu verschiddene vun deene Leit, déi mer hunn.

An der Chamber géif ech och elo direkt soen, dass vun haut un d'Mandat vum Dirigent Gergiev zu Enn kënn.

**Une voix | Très bien!**

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Ech wëll zum Schluss och nach soen, Här President, dass et mer leed deet, dass mer eefel Ressortissants luxembourgeois, also Lëtzebuerger, a siwen Ukrainer hunn, déi op der Lëscht stinn, fir aus der Ukrain erausgeholl ze ginn, wat eis nach ëmmer net gelongen ass. A mir hu 95 Persounen, déi mer elo kennen, déi sech bei eis gemellt hunn, déi aus der Ukrain wëllen erauskommen.

Et gëtt geschat vun eise Leit vum konsularesche Service an och vun deene Servicerechen, déi mer hei hunn, dass elo ongeféier 30 Persounen komm sinn. Déi hunn d'Land verlooss an déi sinn zu Lëtzebuerg ukomm. 30. Mee do gëtt et eng Donkelziffer, well net jidderene, dee kënn, dee mellt sech hei.

Ech wollt och soen, dass et vill Leit gëtt bei eis am Haus, déi Dag an Nuecht déi Telefonen an och dat, wat ech kréien, verschaffen. Et geet esou wäit, dass mer ganz, ganz vill Leit elo hunn, déi Hëllef ubidden, déi soen: „Mir hunn e grouss Haus, mir sinn zu dräi Generatiounen, mir wëlle Kanner ophuelen, oder mir wëlle Fraen mat Kanner ophuelen.“ Mir hunn déi alleguerten notéiert. Ech kréie souguer Demanden - ech soen Iech dat - vu Russen, déi net wëlle géint d'Ukrainer kämpfen an déi wëllen hei de Statut vum Refugé kréien.

Also, et ass alles kompakt, wat sech do presentéiert. An ech hoffen, an Geescht, wéi Dir alleguerten elo hei diskutéiert hutt, dass mer als Regierung an als Chamber op der Héicht sinn, fir déi Leit, déi virum Krich musse fortlafen, hei ophuelen ze kënne an hinnen eng nei Chance ze ginn. Merci.



Plusieurs voix | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Ausseminister Jean Asselborn. Dës Diskussioun ass elo ofgeschloss.

## 5. 7962 - Débat d'orientation - Quel avenir pour l'Europe ? Résultats de la campagne de consultation des résidents du Luxembourg par la Chambre des Députés dans le cadre de la Conférence sur l'avenir de l'Europe

D'Chamber féiert de Mëtten eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Zukunft vun Europa. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, d'Madamm Simone Beissel, den Här Mars Di Bartolomeo, d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Nathalie Oberweis, den Här Marc Goergen an den Här Gusty Graas.

An d'Wuert geet elo un de Rapporteur, den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Sous-Commission « Avenir de l'Europe » de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile**

**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Ech mengen, ech schwätzen hei fir jiddwereen, wann ech soen, dass et eis alleguerten elo ganz, ganz schwéierfält, nodeems mer iwwert de Krich an Europa geschwat hunn, fir einfach esou bei en anert Thema iwwerzegoen.

An dach ass och hei eng Relatioun ze maachen tëscht deenen zwee. Wa mer haut iwwer Europa schwätzen, dann denke mer, mengen ech, alleguerten drun, dass d'Europäesch Unioun un éischter Plaz e Friddensprojet ass an dass dës Europäesch Unioun eis genee dee Fridden elo schonns iwwer 70 Joer garantéiert.

Här President, den 9. Mee zejoert huet d'Europäesch Unioun sech op en eemolegen demokrateschen Exercice agelooss: Ronn 70 Joer no der Schuman-Deklaratioun hunn de Conseil, d'Kommissioun an d'Europäesch Parlament d'Konferenz fir d'Zukunft vun Europa lancéiert, an zwar op den Europadag, den 9. Mee, dee jo zanter dräi Joer hei zu Lëtzebuerg en nationale Feierdag ass, op deem mir un déi europäesch Errungenschaften erënnere.

Wat dës Konferenz esou besonnesch mécht, ass, dass d'Bierger hei d'Wuert kréien. Énnert dem Slogan „D'Zukunft läit an Ären Hänn“ hunn d'europäesch Institutiounen sech verpflichtet, den EU-Bierger nozelauschteren an hir Recommandatiounen eescht ze huelen.

Lëtzebuerg huet des europäesch Initiativ ausdrécklech begréisst a voll a ganz ënnerstëtzt. Dësen Exercice kënnt och keen Ablack ze spéit, well d'EU brauch en neien Otem. Am Laf vun de Joren huet d'EU eng Partie Krisen an Erausforderungen iwwerwonnen. Déi rezent Krisen - ënner anerem d'Finanzkris vum 2008, d'Pandemie elo just oder d'Klimakris, an där mir nach ëmmer mattendra sinn -, weisen, dass a verschiddene Beräicher Reformen einfach néideg sinn.

Krise sinn eeben och ëmmer eng Geleechenheet, fir Verschiddenes ze hannerfroen a Verbesserungen oder Léisungen ze fannen. Mir wëssen alleguerten, dass de Fonctionnement vun der EU dacks komplex an och net ëmmer einfach ze verstoen ass. Et ass net ëmmer einfach nozevollzéien, wéi eng Entscheidung zustane komm ass oder wat eng nei EU-Direktiv ënnert dem Stréch fir de Bierger bedeit.

Dobäi kënnt och nach, dass d'Bierger am Normalfall nëmmen all fénnef Joer opgeruff ginn, d'Europaparlament ze wíelen. Déi héich Participatioun bei de leschten Europawalen huet gewisen, dass d'Bierger sech fir hiert Europa interesséieren. Duerfir ass elo och dee richtegen Ament, fir déi ganz europäesch Populatioun an dee politesche Prozess matanzebannen, dee richtegen Ablack och, fir de System méi transparent ze maachen, eng europäesch Éffentlechkeet an Identitéit ze promouvieren a géint den demokrateschen Defizit virzegoen.

Op Basis vun den europäesche Wäerter a mat enger oppener, inklusiver an transparenter Approche sinn d'Bierger an de Mëttelpunkt vun dëser Konferenz gesat ginn. D'Konferenz huet sech ausdrécklech un all d'Awunner vun der EU geriicht, aus alle Memberstaaten, mat allen Horizonter, vun all Alter, vun all Geschlecht an aus allen Deeler vun dëser Gesellschaft. Dobäi hunn déi Jonk eng speziell Roll an der Gestaltung vum europäesche Projet kritt. Énner anerem ass jo 2022 och d'europäesch Joer vun der Jugend.

An dësem Sënn gouf eng Pleniëre mat Verrieder vun de verschiddenen Organer opgestallt. Dës Pleniëre huet zéng Sujete predefiniert, fir der Konferenz en Ausgangspunkt ze ginn. Et ass awer ënnerstrach ginn, dass d'Haaptaufgab vun der Pleniëre ass, sécherzestellen, dass den Debat, deen d'Bierger féieren, fräi an onbegrenzt ass. Et ass also kee virdefiniert Resultat gewiescht.

Déi europäesch Institutiounen hunn och Wäert drop geluecht, dass d'Konferenz fir jiddereen zougänglech ass. Duerfir ass een zentrale Pilier vun dësem Exercice eng méisproocheg digital Plattform - Dir kënnt se nokucken op [futureu.europa.eu](http://futureu.europa.eu) -, op där d'Bierger op 24 europäesche Sproochen hir Iddie kënne deelen, iwwerengs och op Lëtzebuergesch.

Hei kënne si och mat anere Bierger zesumme konkret Sujeten diskutieren oder hir Zoustëmmung fir anere Bierger hir Proposen ausdrécken. D'Bierger vum Grand-Duché hu sech och un der digitaler Plattform bedeelegt an hate bis November zejoert 31 Iddien a 50 Kommentare publizéiert. Si hu sech am meeschte mat Klimawandel, europäescher Demokratie an der Roll vun der EU an der Welt beschäftegt.

Dës digital Plattform regroupéiert och all déi verschidden Evenementer, déi dezentral an allen Ecker vun der Unioun online, offline oder hybrid organiséiert goufen. Dobäi handelt et sech ëm biergerne Aktiounen, déi op Social Media, a Schoulen oder och um Maart konnte stattfannen - eeben do, wou d'Bierger sech iwwerall ophalen.

D'Bierger hunn also an de verschiddene Formater d'Méiglechkeet kritt, hir Wënsch, Erwaardungen, och Visiounen, awer och Erausforderungen a Problemer matzedeelen. Zu Lëtzebuerg sinn iwwerengs am Ganze 35 Evenementer organiséiert ginn, déi op der digitaler Plattform verëffentlecht goufen.

Bei den Evenementer hei zu Lëtzebuerg stoungen dacks d'Digitaliséierung oder d'europäesch Wäerter am Virdergrond. Et ass eng breet Palett vu Formater ugebuede ginn: en Echange tëscht eisem Kommissär Nicolas Schmit a Bierger zu Schengen, Webinare vun der Uni Lëtzebuerg, den Hackathon fir jonk Entrepreneure vun der Chambre de Commerce oder d'Panelen vun der Chambre des Salariés an dem gemeinsamen europäesche Sekretariat vum OGB-L an LCGB, fir hei nëmmen e puer bekannt Beispiller ze nennen.

Op dëser Plaz géif ech gären all den Organisateure fir hir grouss Efforte felicitieren an hinne fir hir wäertvoll Kontributiounen Merci soen.

E weidere Pilier vun der Konferenz si véier Biergerfore vu jee 200 Persounen aus alle Memberstaaten. D'Membere vun dëse Biergerfore si geloust ginn, woubäi eng Rei demografesch Krittären a Consideratioun geholl goufen. Et ass zum Beispill séchergestallt ginn, dass aus all Memberstaat op d'mannst eng Fra an ee Mann deelhuefen. En Drëttel vun alle Participante si Jonker, dat heescht Bierger am Alter tëscht 16 a 25 Joer.

All Biergerforum huet jee weils intensiv op engem bestëmmte Sujet geschafft. Fir genee ze sinn, waren d'Theemen éischters d'Ekonomie, sozial Gerechtegkeet, Aarbecht an Educatioun, Jugend, Kultur, Sport an digital Transformatioun. En zweete Forum war d'Demokratie, Wäerter, Rechtsstaatlechkeet a Sécherheet. En drëtten: Klimawandel, Ëmwelt a Gesondheet. An e véierten: d'Europäesch Unioun an der Welt an d'Migratioun.

Nieft all den Evenementer, déi d'Bierger, d'Zivilgesellschaft an d'EU-Institutiounen organiséiert hunn, sinn och national Parlamentar abezu ginn.

Här President, d'Chamber huet dësen demokrateschen Exercice vun Ufank u ganz eescht geholl. Mir gesinn eis als Chamber och als e wichtege Deel vun der europäescher Demokratie. Mir si vläicht méi no un de Bierger wéi Bréissel oder Stroossbuerg a kënne esou eisen eegene Bäitrag leeschten.

Aus deem Grond hu mir eng Souskommissioun an d'Liewe geruff, an där all Partei vertrueden ass. Mir waren eis zimmlech séier eens, dass mer eppes Neits géife probéieren. Amplaz wéi gewinnt d'Bierger an eenzel Centre-culturellen ze invitéieren an hinne do ze zielen, wat si vun der EU ze halen hunn, wollte mir dës Kéier de Spiiss ëmdréien.

Op Basis vun der Bottom-up-Approche, also vun ënnen erop, hu mer op eng oppen, transparent a participativ Approche gesat. Mir wollten de Bierger nolauschteren, fir ze héieren, wat si ze soen hunn. Als Alleréisch hunn net mir, d'Politiker, d'Theemen definiert, iwwert déi mer sollten diskutieren, mee mir hunn e Meenungsforschungsinstitut erugezunn, fir déi Sujeten ze identifizéieren, déi d'Lëtzebuurger Residenten am meeschte beschäftegen.

Duerch verschidden Ateliere sinn hei véier Sujeten ermëttelt ginn: Dat waren éischters Inegalitéiten, zweetens ekonomesch Kompetitivitéit, drëttens Migratioun a véiertens - wéi kéint et och anescht sinn? - de Klimawandel.

Dës Sujeten hu mir och als Ausgangspunkt geholl, fir eis Panelen ze organiséieren. Hei ass et haaptsächlech drëms gaang, Echange tëscht eis Deputéierten, institutionellen Acteuren an der organisierter Zivilgesellschaft ze erméiglechen. Si sinn d'Experten, déi wëssen, wéi eng Erausforderungen et an engem bestëmmte Beräich gëtt, a kënne dacks och scho Léisungsméiglechkeeten oder Propose formuléieren.

Jee no Sujet sinn déi relevant Organisatiounen invitéiert ginn, an d'Chamber ze kommen, fir sech mat eis an der Souskommissioun auszetauschen. Dat ware fir de Panel iwwert d'Inegalitéiten zum Beispill d'Chambre de Commerce, den OGB-L, d'Banque alimentaire an d'Caritas. Um Panel iwwert d'ekonomesch Kompetitivitéit hunn d'UEL, d'ABBL, d'FEDIL souwéi och Luxembourg for Finance deelgeholl. Fir de Panel „Migratioun“ ware Verrieder vum Cercle des ONG dobäi, esouwéi Verrieder vu RYSE, dem Lëtzebuurger Flüchtlingsrot, vum CLAE, vun der Associatioun Passerelle an och vun der ASTI. Beim leschte Panel iwwert de Klimawandel hu Membere vum Biergerkomitee 2050 a vu Votum Klima matgemaach.



Ech géif op dëser Plaz gär all deenen e grouse Merci soen, déi sech un de Panele bedeelegt hunn an eis hir Kontributiounen zoukomme gelooss hunn.

Mir hunn hir Iddien, Mësstänn, op déi si eis higewisen hunn, hir Wënsch a Visioun fir d'Zukunft vun Europa wouergeholl an an eise finale Rapport aflësse gelooss.

Doriwwer eraus huet d'Souskommissioun Bistrosgesprécher organiséiert. Fir gewéinlech ass et jo esou, datt d'Bierger bei d'Politiker invitéiert ginn, fir eise Rieden dann nozelauschteren, ouni wierklech eng eege Meenung matdeelen ze kënnen. Dat wollt mir hei verhënnere. Eis war et wichteg, no bei d'Bierger ze goen, fir gewuer ze ginn, wat si a Bezuch op Europa beschäftegt. Och hei hu mir den Akzent op eng oppen Diskussioun gesat, bei där d'Bierger decidéieren, wat op der Dagesuerdnung steet.

Mir waren zu Gréiwemaacher, zu Dikrech, an der Stad Lëtzebuerg an och zu Esch. D'Beitrag vun de Bierger sinn iwwerengs och alleguete bildlech festgehale ginn. Am Laf vun de Bistrosgesprécher an och vun allen aneren Organisatiounen, huet d'Madamm Yolande Koster déi wichtegst Aussoen duerch sogenannte „Graphic Recording“ festgehalten. Dat ass eng kënschtleresch, grafesch Aart a Weis, fir Gesprécher net nëmme schrëftlech festzehalen, mee se gläichzäiteg och ze visualiséieren. Déi Tableaue gehéiere fest zum Rapport a sinn dësem och annexéiert. Ech fannen, dat ass immens gutt gelongen an ech soen der Madamm Koster och e grouse Merci duerfir.

Nom europäesche Virbild hu mir och der Jugend eng speziell Plaz an der Ëmsetzung vun der Konferenz hei zu Lëtzebuerg geschenkt. Ech begrëssen op dëser Plaz, datt d'Jugendparlament eng speziell Kommissioun an d'Liewe geruff huet, déi sech mat der Konferenz fir d'Zukunft vun Europa ausernanergesat huet.

Mir hunn dës Kommissioun an der Chamber empfaangen an hu selbstverständlech och d'Meenungen, d'Iddien an d'Suerge vun den engagéierte Jonken eescht geholl. Déi Jonk hunn eis do impressiounéiert mat hire klore Virstellungen an Erwaardungen. Ech géif och hinne am Numm vun der ganzer Chamber hei e spezielle Merci soe fir hir interessant Kontributioun.

Mir haten am September zejoert och e Vëlostour am Dräilännereck organiséiert. Dësen Tour, bei deem d'Membere vun der Souskommissioun, Deputéiert vun der Chamber, Europadeputéiert a Bierger zesummen iwwert d'Grenz vu Schenge gefuer sinn, huet symbolesch op d'Wichtigkeet vun den oppene Grenzen higewisen, Grenzen, déi leider an der Pandemie erëm eesäiteg zougemaach goufen, eppes, wat vu ville Leit kritiséiert gouf.

Bei deene verschiddenen Arrête konnten d'Politiker sech mat de Bierger an och mat de Lokalpolitiker austauschen. Mir haten eigentlech wëles, eng ganz Partie méi esou Veranstaltungen ze organiséieren. Mir wollten zum Beispill op grouss Evenementer goe wéi Festivaller oder Foiren. Mir wollten an d'Lyceë goen, fir Jonker ze begéinen oder mir wollten nach en Dissertationsconcours starten iwwert d'Zukunft vun Europa. Dëst war allerdéngs net méiglech, well d'Dauer vun der Konferenz gekierzt gouf.

Et ass bedauerlech, datt eis virun e puer Woche matgedeelt ginn ass, datt just d'Rapporten, déi bis Enn Februar eragereecht ginn, vun den EU-Institutiounen kënnen consideréiert ginn. Amplaz zwee Joer, wéi ufangs ugeduecht, dauert d'Konferenz offiziell just nach ee Joer. Mee wa mer éierlech sinn, da sinn et a Wierklechkeet awer just nach sechs bis siwe Méint. De Startdatum huet, wéi gesot, misse wéinst Corona verreckelt ginn an d'Dauer ass leider net bäibehale ginn.

Et ass immens schued, datt dës flotten an esou wichtigen Exercice elo bal eriwuer ass, wou e grad eréischt richtig an d'Rulle kënn.

Ech mengen am Numm vun alle Parteien kënnen ze soen, dass mer iwwert dës Mësstand ganz onzufriede sinn an dass dës wichtigen Exercice et verdéngt gehat hätt, datt mer méi Zäit duerfir kritt hätten. Mir ginn awer d'Hoffnung net op, datt och nom offiziellen Ofschluss dësen 9. Mee déi Diskussioun mat de Bierger virugefuert ginn.

Wa mer d'Leit wëllen eescht huelen, dann ass et hei, wou et gëllt, en Zeechen ze setzen. An ech weess, dass och eis sechs Kollegen a Kolleginnen aus dem Europaparlament dat d'selwecht gesinn.

Ech soen och hinne Merci fir hir Kollaboratiounen déi lescht Méint a sécheren hinne eis Ënnerstützung zou fir all Initiativen, déi drop ofzilen, d'Diskussiounen iwwer Europa nom 9. Mee virunzeféieren.

Här President, nodeems ech elo laang a breet erkläert hunn, wat d'Konferenz ass a wéi mir als Chamber dës begleet hunn, kommen ech elo op déi verschidde Prioritéiten a Virschléi, déi mer vun de Bierger gesammelt hunn. Ech géif gären direkt am Ufank kloerstellen, dass dëst déi ongefiltet Meenunge sinn, déi mer erakritt hunn. Et sinn also net d'Konklusiounen vun der Souskommissioun an et ass selbstverständlech, dass bei deenen eenzelne Proposen déi eng oder aner Partei, deen een oder aneren Deputéierte vläicht eng komplett aner oder eng vill méi nuanciéiert Positioun huet.

Aus all deene verschiddenen Echangë mat de Bierger hu mir véier zentral Sujeten zréckbehalen, déi sech ëmmer erëm widderholl hunn an déi mir an eise schrëftleche Rapport dem Conseil exécutif als Prioritéiten vun de Bierger vu Lëtzebuerg presentéiert hunn.

Déi éischt Prioritéit - ech hat et scho gesot - sinn d'oppe Grenzen. D'Accorde vu Schengen an d'Reesfräiheet sinn ee vun de gréissten a wichtigsten Acquis vun der EU, zemools fir déi jonk Generatiounen vun Europäer, déi keng eegen Erënnerungen un déi Zäiten hunn, wou een huet missen e Pass dobäi hunn, fir iwwert d'Grenz ze goen. Fir déi Jonk waren d'oppe Grenze bis viru Kuerzem eng Selbstverständlechkeet. Dës grouss Errongenschaft ass a Fro gestallt ginn duerch d'Grenzkontrollen, déi am Kontext vun der Coronapandemie eesäiteg vun eisen Nopeschlänner en place gesat goufen.

Alleguerten d'Bierger, mat deene mir geschwat hunn, ware sech eens: Fir si ass et ondenkbar, d'Reesfräiheet komplett anzëschränken. Si hu sech gewënscht, datt d'Grenzen opbleiwen, esou wéi et an den Accorde vu Schengen och virgesinn ass.

Fir d'Bierger war d'Aféiere vun de Grenzkontrollen e Symptom vun engem Dysfonctionnement vun der Unioun. Eppes, wat fir si esou grondleeënd war, huet net méi bestanen. Besonnesch fir d'Grenzregiounen wéi d'Groussregioun, an där mir liewen, sinn d'Konsequenzen enorm, wann dës Errongenschaft net erhale gëtt. D'Auswierkunge fir d'Grenzgänger, déi an anere Länner schaffen, fir d'Ekonomie, den Transport vu Wueren an dat allgemengt gesellschaftlecht Zesummeliewe sinn onmosseg grouss.

Grad an der Pandemie hu mir jo gesinn, wéi wichteg déi Mënschen, déi all Dag aus dem Ausland op Lëtzebuerg schaffe kommen, fir de Fonctionnement vun eiser Gesellschaft sinn. Do denken ech natierlech besonnesch un eis Klinicken an och un eis Fleegeheemer.

Déi oppe Grenze gehéieren zum Alldag vu ville Mënschen an eiser Géigend. Dëst ass zu Paräis oder zu Berlin leider net ëmmer esou gewosst.

Déi zweet Prioritéit ass e soziaalt Europa mat manner Ongläichheeten. D'Inegalitéiten tëscht de Memberstaaten, awer och d'Inegalitéiten bannent engem Memberstaat hunn d'Bierger immens beschäftegt. Et mécht himmer Suergen, datt d'Schéier tëscht Aarm a Räich ëmmer méi grouss gëtt. Wéi Dir wësst, huet d'Pandemie dës alarmant Entwécklung nëmme nach verstärkt. Virun allem d'Ongläichheeten tëscht Memberstaaten ass eng Gefor fir de sozialen Zesummenhalt vun der Unioun.

D'Bierger wënsche sech, datt d'Inegalitéiten reduzéiert ginn, dëst andeems een de sozialen Dialog férdert an d'Roll vun de Sozialpartner stäerkt. Aus den Echangingen, déi mir gefuert hunn, war däitlech ze héieren, datt dat Soziaalt muss eng Prioritéit vun der EU ginn. D'EU muss de Kampf géint d'Ongläichheeten esou séier wéi méiglech upaken.

An dësem Sënn hunn d'Bierger un eis erugedroen, datt déi sozial Dimensioun an de Statute vun der EU, spréich an den Traitéeen, sollt verankert ginn. Dat Soziaalt soll genee esou e grousst Gewicht hu wéi déi véier Fräiheeten a soll deementspriedend och vum Europäesche Gerichtshaff esou consideréiert ginn.

Déi drëtt Prioritéit ass eng gemeinsam europäesch Aussepolitik. E groussen Deel vun de Bierger war der Meenung, datt d'EU net méi mat enger Stëmm schwätzt. Déi national Interessie stinn enger reeller gemeinsamer Aussepolitik géigeniwwer an déi grouss Memberstaaten hunn deemno d'Soen doriwwer, wéi sech d'EU an der Welt positionéiert.

Am grouse Ganzen hunn d'Bierger duerfir plädéiert, datt d'qualifizéiert Majoritéit d'Unanimitéit ersetzt, wann et ëm d'Aussepolitik geet. An de Gesprécher huet sech och erausgeschielt, datt d'Bierger sech méi Autonomie wënschen.

D'EU soll aussepolitesch, energieatesch a medezinesch manner vun anere Weltmuechten ofhängeg sinn. Dëst gëllt och fir d'Verdeedegungspolitik: Dacks hunn d'Bierger matgedeelt, dass si sech eng konsequent gemeinsam europäesch Verdeedegungspolitik wënschen, déi et der EU erlaube géif, méi resilient ze sinn, bei Krise méi séier kënnen ze handeln an net nëmme op d'Entscheidung vun anere Muechte mussen ze reagéieren.

Wien hätt geduecht, dass dëst esou séier esou wouer géif ginn?

Am selwechte Sënn hunn d'Bierger fonnt, d'Roll vun Héije Verrieder vun der EU fir Aussen- a Sécherheetspolitik sollt gestärkt ginn, fir dass dëst Mandat engem erlaabt, méi séier Decisiounen kënnen ze huelen.

Eng aner Iddi, déi dacks diskutéiert ginn ass, war eng gemeinsam europäesch Arméi. Jiddefalls war de Message vun de Bierger kloer, dass d'EU hir gemeinsamen Stëmm misst erëmfannen.

Déi véiert a lescht Prioritéit ass d'Energiepolitik. Mat Bezuch op d'Aktualitéit vun där neier Taxonomie vun der EU, déi Gas an Nuklea als gréng Energien definéiert, hunn d'Bierger sech dacks géint dee sogenannte „Greenwashing“ ausgeswat. Och hei hunn d'Bierger kloer Wieder fonnt: Gas an Nuklear si keng nohalteg Energiequellen! Gasressourcë si limitéiert.

Den Uranium an d'Gestioun vun de radioaktiven Offäll si geféierlech fir d'Mënschheit. Duerfir huet d'Majoritéit vun de Bierger, mat deene mir geschwat hunn, gefuerdert, dass dës Energiequelle weeder als nohalteg sollen ugesi ginn nach als Iwwergangsléisunge fir den Energiewissel.



Nieft dëse fréiere Prioritéiten, déi sech aus den Echangingen erausgeschéit hunn, huet d'Souskommission den Input vun de Bierger an der organisierter Zivillgesellschaft zu allen zéng Sujete vun der Konferenz zesummege droen an an de jee weilege Kategorie festgehal.

D'Méssstänn an d'Problemer wéi och d'Léisungsvirschléi sinn ausféierlech festgehal ginn a maachen e groussen Deel vum schrëftleche Rapport aus, dee mir der EU virleë wäerten. Well ech hei net kann op all déi pertinent Iddien agoen, erlaben ech mir, der eng Partie ervirzestrichen, fir d'Meenungsbild vun de Bierger erëmzeginn.

Beim Thema Klimawandel hu vill Bierger ënnerstrach, dat mir eis an enger ökologescher Noutsituatioun befannen. Fir géint de Klimawandel unzagoen, muss an eiser Gesellschaft en Ëmdenke stattfannen. Dëse Prozess muss vun der europäescher Politik ënnerstëtzt ginn.

Mir wëssen, datt den Overshoot Day, den Dag, op deem all d'Ressourc vum der Äerd verbraucht sinn, all Joer méi fréi kënnt. Lëtzebuerg ass do kee Räiskär, keng Ausnam, grad am Contraire.

Op europäeschem Niveau kënnen dofir Ureizer geschafft ginn, fir zum Beispill CO<sub>2</sub>-Emissiounen vun der Landwirtschaft ze reduzéieren, am Transport Alternativen zu de fossile Kraaftstoffmotoren ze promovéieren oder e gemeinsame Marché fir de Schinneverkéier no vir ze driewen.

Am Allgemenge waren d'Bierger der Meinung, dass ee beim Thema Klimawandel sollt mat positiven Initiatiounen schaffen an esou mann wéi méiglech mat Verbueter. Eng Suerg, déi fir d'Populatioun besteet, ass, dass d'Mesuren, déi géint de Klimawandel en place gesat ginn, net jiddereen d'selwecht geroden a sozial Ongläichheete bannent de Memberstaaten, awer och tëschent de Länner weider géife verstärken.

Fir dëser Perceptioun entgéintzewierken, sollt d'EU Uecht ginn, dass eng adaptéiert Fiskalitéit derfir suergt, dass Taxen oder Steieren en place sinn, fir dass de Kampf géint de Klimawandel de Gerechtegkeetsprinzipien entsprecheend stattfënnt. Fir all Privatpersoun wéi och Betriber soll de Prinzip vum Pollueur-payeur gëllen a virbildlecht Verhale sollt och belount ginn.

E weidere vun deenen zéng Sujete waren d'Wärter vun der Europäescher Unioun. Ënnert dëse Volet falen d'Mënscherechter, déi och bannent der EU weider musse verdeedegt ginn. D'Applikatioun vun der allgemenger Konditionéierungsregelung, d'Stärke vun der europäescher Identitéit, d'Verdeedegung vun den europäesche Valeure géintiwwer populistesche Beweegungen, d'Virgoe géint Desinformatioun an d'Stärke vun de fräie Medien. An deem Zesammenhang ass aus den Echangingen och ervirgaang, dass et favorabel wier, wann, mat Bezuch op d'Migratioun, de Sproochgebrauch géif demilitariséiert ginn an de betraffene Persounen hiren Accès op hir Mënscherechter besser géif assuréieren.

Et dierf net vergiess ginn, dass d'EU och eng Wäertunioun ass. E grouss Sujet, deen ech schonn ernimmt hunn, dee ganz dacks vun de Bierger ugeschwat ginn ass, war dat Soziaalt. Fir genee ze sinn, huet d'EU dem Sujet den Titel ginn „Eng méi staark Economie, sozial Gerechtegkeet an Aarbecht“.

Ënnert dëse breede Sujet fält eng Villfalt vun Ënnerkategorien a Mesuren, zum Beispill sinn d'Europäesch Kompetenzen am Hëllef op Sozialleeschungen hannerfrot ginn, den europäesche Mindestloun, Moosnamen, fir d'Beschäftegung an d'Luucht ze hiewen, d'Stärkung vun den europäesche Banken an

d'Verdeiwung vum europäesche Bannemaart sinn all diskutéiert ginn. Ënnert dem Stréch soll de Mënsch am Mëttelpunkt vun der Economie stoen, well d'EU ass haut wäit méi wéi just nach en ekonomesch Bëndnis.

Dëse Volet ass esou wichteg, well doduerch, dass d'Schéier tëscht Aarm a Räich ëmmer méi auserneegeet, de Risiko ëmmer méi grouss gëtt, dass d'Leit d'Vertrauen an d'Institutiounen verléieren. Dëst geet Hand an Hand mam Stäerke vun der europäescher Demokratie.

D'Bierger hu sech ausgeschwat fir e Gläichgewicht tëschent de verschiddenen europäeschen Institutiounen souwéi fir eng besser Kooperatioun tëschent de Memberstaaten. Si hu méi Transparenz an Informatiounen iwwert déi europäesch Entscheedungsprozess gefuerdert. Duerfir wier méi Educatioun iwwert d'politesch Institutiounen, awer och Informatiounscampagnë wichteg. An deem Sënn ass d'Konferenz fir d'Zukunft vun Europa jiddefalls e Schrëtt an déi richteg Richtung. Et kéint een och soen, dass méi Biergerbedeelegung en Deel vun der Léisung ass. Et ass awer nach laang keng Wonnerléisung.

Här President, elo ass déi zentral Fro, wat mat all dëse pertinenten Iwwerleeungen a wichtige Kontributiounen geschitt. D'Bierger an d'Zivillgesellschaft hunn e groussen Effort gemaach, andeem si eisem Opruff nokomm sinn oder souguer selwer op Eegeninitiativ Evenementer organiséiert hunn. Mir als national Volleksvertreieder hunn och eist Besch ginn, fir den Exercice esou gutt wéi méiglech ëmzesetzen.

Mee wat geschitt elo? Wat ass d'Resultat vun der Biergerbedeelegung? A wat geschitt mat de Léisungssätz, déi vun de Bierger proposéiert goufen? Elo ass et jo esou, dass d'Hauptzil vun deem participativen Exercice war, d'Bierger ze froen: Wat sollen d'Prioritéiten vun Europa sinn? Alleguerten d'Rapporten, déi europawäit erschafft gi sinn, och déi vun der Chamber, ginn dem Conseil exécutif vun der Konferenz iwwerrecht. An et steet nach net ganz fest, wéi et elo konkret viruegt.

Den 10. Februar, um éischten Treffen tëscht de Vertreieder vun den nationale Parlamenten zu Bréissel, huet den Här Karas, Vizepräsident vum Europaparlament, selwer seng Onzefriddenheet mam Prozess vun der Konferenz ausgedréckt. Hien huet de Mangel u Kommunikatioun kritiséiert, wat den Ofschlossdatum vun der Konferenz, nämlech den 9. Mee betrëfft. Den Othmar Karas fënnt, wéi mir och, dass d'Aarbecht den 9. Mee net eriwuer ass, mee dann eréischt richteg lassgeet. Hien huet proposéiert, dass alleguerten d'Recommandatiounen, déi agereecht ginn, an enger éischer Etapp kategoriséiert ginn, jee nodeem, ob hir Ëmsetzung séier an einfach méiglech ass oder méi schwierig ass an en Iwwerschaaf vum den Traitée géif erfuere.

Iwwregens huet de President vun der Agence vun der EU fir d'Grundrechter, de Michael O'Flaherty, d'Relatioun mam Lëtzeburger Parlament besonnesch ervirgstrach a gelueft, wat eis natierlech immens freet.

D'Madamm Šuica, Vizepräsidentin vun der Kommission fir Demokratie an Demografie, huet an engem Interview ernimmt, dass deliberativ a participativ Demokratie sollt als feste Prozess e Bestanddeel vum europäeschen Entscheedungsprozess ginn. Och d'parlamentaresch Delegatioun vun der Konferenz huet sech an hirer éischer gemeinsamer Debat den 9. Februar mam Aféiere vun engem permanenten EU-Mechanismus fir d'Biergerbedeelegung befaasst. Den Ofaf an d'Strukture vun der Konferenz sinn am Debat evaluéiert ginn.

D'Volleksvertreieder hunn ënner anerem d'Iddi vun enger permanenter digitaler Agora, engem permanente Consultatiounsmechanismus an engem obligatoreschen Conseil, an deem d'Bierger temporaire aberuff ginn, diskutéiert.

Mir géifen och begrëssen, wa laangfristeg e participative Mechanismus géif en place gesat ginn. Et dierf net sinn, dass den Exercice eemoleg bleift. Et ass och immens wichteg, dass d'Bierger den Impakt vun hire Kontributiounen kënnen suivéieren, fir dass d'Vertrauen an d'Institutiounen erëm an d'Luucht geet. Wéi schonns gesot, huet d'Chamber dës Konferenz, a virun allem den Dialog, den Austausch mat de Bierger ganz eescht geholl. Duerfir erwaarde mir, dass d'europäesch Institutiounen dat och maachen. Mir halen drop ze kucken, wat elo konkret geschitt. Bis d'Fréijoer sollen éischt Konklusione gezu ginn.

Well d'Nationalparlamenten eng grouss Roll spillen, fir den Ecart tëscht Bierger an den europäeschen Institutiounen méi kleng ze maachen, hu mir an der Souskommission eng Resolutioun ausgeschafft, Här President, déi ech Iech heimadder géif iwwerreechen.

### Résolution 1

*La Chambre des Députés, considérant*

*- que la tenue de la Conférence sur l'avenir de l'Europe a ouvert un nouvel espace de débat avec les citoyens européens ;*

*- que la Chambre des Députés a tenu à soutenir cette initiative et à s'impliquer directement dans cet exercice démocratique de portée européenne ;*

*- que l'objectif de l'initiative consiste à donner la parole aux citoyens ;*

*- que conformément à l'approche ascendante, ouverte, transparente, inclusive, participative et équilibrée préconisée par les institutions européennes, la Chambre des Députés a organisé sa propre campagne qui s'articule autour de différents types d'événements ;*

*- que des groupes de discussion ont été constitués sous le parrainage de la Chambre des Députés afin d'identifier les sujets relatifs à l'avenir de l'Europe qui préoccupent les résidents du Grand-Duché de Luxembourg ;*

*- que quatre panels thématiques ont été organisés à la Chambre des Députés (le creusement des inégalités, la compétitivité économique de l'Union européenne, la gestion des flux migratoires et le changement climatique) ;*

*- que les députés ont rencontré les citoyens dans le cadre de discussions dans les cafés dans les quatre circonscriptions électorales (à Grevenmacher, Diekirch, Luxembourg et Esch-sur-Alzette) ;*

*- l'organisation d'un échange de vues entre représentants du Parlement des Jeunes et de la Chambre des Députés sur l'avenir de l'Europe ;*

*- le rôle des parlements nationaux dans l'UE tel que formulé par le Traité sur l'Union européenne et notamment leur contribution active au bon fonctionnement de l'Union européenne ;*

*- qu'en 2006, la Chambre des Députés a adopté une nouvelle stratégie en matière de traitement des dossiers européens et qu'en 2017, elle s'est engagée à revoir cette procédure à la suite du débat d'orientation sur l'avenir de l'Europe, débat n° 6944 ;*

*- que le pouvoir législatif doit disposer de moyens supplémentaires pour pouvoir travailler de manière plus efficace dans le domaine des affaires européennes, surtout dans les matières très complexes ;*

*- que les parlements nationaux ont leur rôle à jouer dans la démocratisation du projet européen en y associant de manière plus large les espaces publics nationaux ;*



- que la Chambre des Députés peut contribuer à combler l'écart entre les citoyens et les institutions européennes, s'engage à tenir compte des résultats de la consultation citoyenne à travers :

- la communication des résultats de la campagne de consultation de la Chambre au Gouvernement et aux institutions européennes ;

- la tenue d'un débat à la Chambre des Députés sur les propositions concrètes formulées par les citoyens dans le cadre des événements prémentionnés ;

- un espace de débat public ouvert avec les citoyens encore plus large traitant des questions législatives européennes,

et s'engage d'autre part à procéder à :

- l'identification de dossiers européens absolument prioritaires permettant à la Chambre des Députés de prendre position en séance publique ;

- la continuation des travaux de suivi des résultats et conclusions de la Conférence sur l'avenir de l'Europe au sein de la sous-commission de l'AECEA, après le 9 mai 2022 ;

- la promotion du dialogue politique et de la participation active des parlements nationaux à travers la procédure dite du carton vert en complément de la procédure dite de subsidiarité ;

- la nomination, en commission parlementaire, d'un rapporteur pour chaque dossier européen prioritaire ;

- une coopération plus étroite avec le Gouvernement pour discuter en amont la position luxembourgeoise sur l'ensemble des dossiers politiques et législatifs européens et à inviter les membres du Gouvernement lors des sessions du Conseil dans les commissions ;

- l'invitation, selon sujets, des membres luxembourgeois du Parlement européen dans les commissions spécialisées ;

- l'augmentation de sa propre expertise en affaires européennes ;

- le renouvellement de la demande exprimée dans la lettre du 22 septembre 2010, et réitérée dans les lettres du 10 octobre 2011 et du 8 octobre 2012, adressées au Premier Ministre afin d'obtenir communication des fiches d'impact sur les propositions législatives européennes préparées par les ministères compétents ;

- l'organisation d'un débat public, dans la mesure du possible, lors de l'adoption d'un avis motivé ou politique ;

- l'organisation plus systématique d'auditions de la société civile sur des sujets européens prioritaires ;

- une meilleure concertation avec les autres parlements nationaux au sujet des papiers de consultation de la Commission européenne ;

- la promotion de la participation des membres de la Chambre des Députés à la coopération interparlementaire dans le cadre de l'Union européenne ;

- l'organisation d'échanges réguliers entre les commissions compétentes de la Chambre des Députés et la Commission européenne et le Parlement européen ;

- la promotion des échanges entre l'administration parlementaire et l'administration du Parlement européen ;

- une meilleure collaboration avec les chambres professionnelles sur les dossiers européens ;

- un échange régulier avec le Parlement des jeunes sur les grandes questions européennes ;

- l'organisation d'assises au sujet de la politique européenne.

(s.) Yves Cruchten, Simone Beissel, Stéphanie Empain, Gusty Graas, Fernand Kartheiser, Nathalie Oberweis, Claude Wiseler.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci.

**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Domat engagé d'Chamber sech, d'Souskommissioun bis op Weideres bestoen ze loosse, fir de Suivi op EU-Niveau kënnen ze maachen. Doriwwer eraus engagéiere mer eis mat dëser Resoloutioun, méi dacks europäesch Sujeten, déi prioritär sinn, och hei an der Pleniëre ze traitéieren, weider reegelméisseg Auditioune vun der Zivillgesellschaft ze organiséieren, nach méi enk mat de Kollegen aus dem Europaparlament zesummenzeschaffen an eis och reegelméisseg mam Jugendparlament iwwert déi grouss europäesch Froen auszetauschen.

Här President, et läit mer um Häerz, fir all de Leit, déi zum Gelänge vun dësem Exercice bäigedroen hunn, ...

(Interruption)

... e grouss Merci ze soen. Un éischter Plaz natierlech de Bierger an der Zivillgesellschaft, déi sech mat eis ausgetosch hunn, awer och dem Personal vun der Chamber. Virop den Hären Yves Carl a Cédric Scarpellini an der Madamm Ines Luna sief Merci gesot fir hir gutt Aarbecht ronderëm dësen Dossier.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Speziell Merci wéilt ech eiser neier Vertrieederin vun der EU-Kommissioun, der Madamm Anne Calteux soen, déi eis bei all eisen Aktivitéite begleet a gehollef huet, vum Ufank bis zum Enn.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Ganz zum Schluss wëll ech awer och de Kollegen aus eiser Souskommissioun Merci soen. Ech wëll hinne soen, dass et e Pleséier ass, mat hinnen zesummenzeschaffen.

Erlaabt mer, dass ech kuerz d'Memberen alleguerten ernimmen: d'Madamm Beissel, d'Madamm Empain, d'Madamm Oberweis, den Här Wiseler, den Här Kartheiser an den Här Clement.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Mir hu vläicht bei eenzele politesche Sujeten aner Iddien, heiansdo aner Léisungsvirschléi. Mee mir hunn déi ganzen Zäit nawell an engem gudden a konstruktive Geescht zesummege schafft, well - bei allen Differenzen, déi mer kënnen hunn - eppes eent eis awer alleguerten, an zwar, dass mer alleguerten wëllen, dass Europa weiderhin e Succès bleift fir d'Wuel vun eisem Land, vun eisen Awunner a vun all den Europäer.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Yves Cruchten.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci. Merci, Här President. Ech sinn Europäer an ech sinn houfreg, Europäer ze sinn. Ech liewe wéi en Europäer. Den europäesche „way of life“. Meng Ambitioun ass Europa, an deem wat Europa ass als Fundament an och an deem, wat Europa ass an all senger Diversitéit, déi et huet.

Mir hunn eng laang Zäit am Fridde gelieft, un dem Fridde geschafft, wou dem Faschismus, dem Kommunismus hir Regimmer näischt ze soen haten. Elo ass dat e weéneeg a Fro gestallt. Net nëmmen e weéneeg, mee richteg a Fro gestallt. Mee d'Reaktioun vun den Europäer - mir hu virdrun driwwer geschwat -, déi ass staark.

Mir hunn eng Sécurité sociale an Europa. Mir sinn un der Spëtzt vun den Ëmweltstandarden, un der Spëtzt vun dem Kampf géint d'Klimakris. Mir hunn demokratiesch Regimmer, Rechtsstaaten, Fräiheeten. Mir hunn e Wuesstum, eng Liewensqualitéit, an alles dat, wat mer maachen, eis Politicken, dréine sech ronderëm déi mënschlech Dignitéit.

Ech wéilt néierens anescht liewe wéi op dësem Kontinent!

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | An dee Kontinent ass och fir vill Leit e ganz attraktive Modell, wat och vill vun deene Flüchtlingen, déi an Europa kommen, erkläert a verständlech mécht. An trotzdeem hu mer eng grouss Kompetitioun vun anere Modeller. Déi Kompetitioun vun anere Gesellschaftsmodeller weist och deelweis heiansdo d'Schwächte vun der EU op, weist och heiansdo déi Zweifelen, déi mer un eis selwer hunn, op. An dat ass och heiansdo e Risiko. An déi Reaktionsfäegkeet, déi mer hunn, ass net ëmmer déi, déi mer am Fong missten hunn, fir esou schnell wéi méiglech op verschidde Situatiounen ze reagéieren.

Heiansdo hunn ech och d'Impressioun, dass déi extreem Komplexitéit vun deem System, dee mer opgebaut hunn, well d'Geschicht et esou gewollt huet, dass mer en esou géifen opbauen, e Mangel un Transparenz mat sech bréngt, fir dee kee kann, mee deen einfach geschichtlech gewuess ass an domat och net onbedéngt participativ ass, well d'Leit spieren, dass Bréissel wäit ewech ass vun deem, wat hiren Alldag ass.

Europa kritt sech net ëmmer explizéiert, well Europa och an deenen eenzelen Nationalstaaten net ëmmer de Kontakt, den direkte Kontakt, mat de Bierger huet a well déi national Regierungen d'Explikationsgewalt an Hoheit heiansdo hunn an dofir déi Explikatioun vun Europa net esou eriwerginn, wéi se se missten eriwerginn, a well mer och verschiddentlech Schwierigkeeten hunn, schnell Decisiounen ze huelen. Dat war elo an der Lescht net de Fall. Mee mir hunn awer genuch Beispiller an deene Jore virdrun, bei deenen ee gesäit, dass Länner wéi Russland, China, d'Vereenegt Staate weesentlech méi schnell sinn an hiren Decisiounen.

Dozou kënnst e Gefill, dass d'Geschicht vun haut och méi schnell dréit. Ech soen: China an Indien hunn an deene leschten 10, 15 Joer jo eng onwarscheinlech Evolutioun kennt an d'Gewichtung vun deenen eenzele Polen an der Weltgeschichte gëtt anescht. Mir sinn net onbedéngt den Zentrum vun der Welt, obwuel mer dat heiansdo nach mengen an eis deelweis och esou behuelen. Mir sinn net ëmmer déi, déi d'Welt nach gestalten a mir subiséieren heiansdo d'Geschicht, well mer et net anescht kënnen.

Mir wëllen nach, mee mir kënnen net ëmmer méi. An dat ass e Bild, wat mer no baussen ofginn an e Bild och, wat d'Europäer heiansdo spieren a wéinst deem se e gewëssene Malaise hunn. Doraus ass dann och deelweis, muss ech soen, dës Konferenz entstane, eng Konferenz, an där mer de Bierger wëllen nolauschteren an an där mer de Bierger méi no solle kommen an eis och unhéieren, wou hir Suerge sinn.

De President Macron huet gesot, wéi en am Ufank vun dëser Konferenz stoung: « Jamais depuis la Seconde



Guerre mondiale, l'Europe n'a été aussi nécessaire. Et pourtant, jamais l'Europe n'a été autant en danger. » Ech fannen dat fundamental richteg, a sengerzäit, wéi en dat gesot huet, war hie mat Krisen - mat der Brexitkris, der Refugiéskris a Griicheland oder der ekonomescher Kris - befaasst. Haut sinn nach aner Krisen derbäikomm, zwee Joer duerno: déi ganz Covidkris a schlussendlech déi dramatesch Kris an der Ukrain.

An et waren a sech Frankräich an Däitschland, déi déi ganz Konferenz do un d'Rulle bruecht hunn. Duerno ass dat vun der Kommissioun opgegraff ginn als e groussen Exercice vu participativer Demokratie.

Ech sinn haut net hei, fir just iwwert deen Exercice ze jubelen oder fir en total schéin a rosa ze molen, well et sinn och eng ganz Rei Saachen dran, déi schwierig waren, déi awer och typesch waren an hirer Schwierigkeet.

Den Yves Cruchten, eise President vun der Kommissioun, huet se schonn ugeschwat, déi dramatesch Startschwierigkeeten, déi mer haten. Den Yves Cruchten ass ganz léif a ganz gentil a ganz diplomatesch. En huet dat zu engem Deel op de Covid zréckgefouert, wat jo och richteg ass. Mee et war awer och nach en aneren Aspekt derbäi - den Yves weess et och -, dat ass deen, datt mer schonn emol am Ufank eng fuerchtbar an typesch Diskussioun iwwert d'Gouvernance vun där Konferenz haten.

D'Parlament, den Här Verhofstadt wollt dat ganz ënnert säin Hutt kréien. Déi aner Institutiounen wollten dat dann awer och net, an dann ass hin an hier a rechts a lénks an uewen an ënnen diskutéiert ginn, bis mer dann e Modell mat dräi Presidenten haten. Dat ass och alles schéin a gutt, et stéiert mech jo och net, mee et huet extreem vill Zäit kascht. An op där anerer Säit huet et awer erëm déi ganz Komplexitéit an déi Schwierigkeet vun Europa bewisen: datt mer Zäit verléieren op engem Punkt, deen am Fong misst kloer si vun Ufank un.

An dat sinn déi Saachen, déi mer mussen an de Grëff kréien an dat sinn och déi Saachen, déi d'Leit nerven en fin de compte. An dat muss een och kloer an d'äitlech als Message eriwuerbréngen.

Do hate mer den 10. Mee 2021 déi éischt Sëtzung. Dat huet, wéi den Yves Cruchten et richteg gesot huet, bedeit, datt mer eng Zäitreduktioun vun zwee Joer op ee Joer haten, well mer mussen am Fréijoer fäerdeg sinn. D'Fro ass just: Firwat muss mer am Fréijoer fäerdeg sinn? Dat hunn ech nach ëmmer net richteg verstan, ausser datt ech mer soen: Well et elo franséisch Presidence ass, well et eng franséisch Iddi ass, well a Frankräich Wale sinn a well mer dofir mussen deen Exercice ofschléissen, well mer e mussen ofschléissen.

Ech schwätzen elo hei vläicht e wéineg fräi, mee ech mengen, et ass awer och Zäit, fir déi Saachen ze soen. Och dat ass typesch fir d'Europäesch Unioun an net onproblematesch fir déi Aart a Weis ze handeln. A mir mussen ophalen, national Exercicer aus europawäiten Übungen ze maachen, well dat net nëtzlech ass. Deen Zäitdrock ass net nëtzlech fir eis Diskussioun, net nëtzlech fir d'Aart a Weis, wéi mer virginn.

Mee bon, mir hunn et awer gemaach. Par contre schéngt déi Initiativ gutt opgehoill ze ginn. Wann een d'Sondagë vu März 2021 kuckt, da waren 78 % vun de Leit positiv fir déi demokratesch Übung do an 51 % vun de Leit an Europa hu gesot, si kéinten och selwer matmaachen. Déizäit ass och europawäit - ech schwätzen net vu Lëtzebuerg - gesot ginn, déi wichtegst Sujete wäeren d'Santé, den Terrorismus, d'Migratioun an d'forcéiert Déplacementen an d'Ëmwelt an de Klimachangement.

Bei eis ass et ongeféier - mat lichte Modifikatiounen, déi zwar interessant sinn, mee mat lichte Modifikatiounen trotzdem - dat selwecht. An ech muss och soen, datt d'EU-Kommissioun an d'EU-Parlament en extreem grouss logisteschen Apparat en place gesat hunn, fir dat Ganzt do ofwéckelen ze loossen.

An do och vläicht eng perséinlech Impressioun: Ech hat awer och d'Impressioun, datt et an deenen Diskussiounen - an ech weess net, ob déi, déi do waren, déi selwecht Meinung hunn - an all Richtunge gaangen ass. Dat war interessant, mee heiansdo kontradiktorsch. Dat war par ailleurs och vill Nationales an net ëmmer Europäesch. Dat war och vill Wonschdenken an net ëmmer Realistesches.

An et ass viles vun der EU gefrot ginn, wat manifestement net EU-Kompetenz ass, mee wat national Kompetenz ass. Ech mengen, dat ass normal bei esou Reuniounen, bei esou Manifestatiounen, mee et war awer hei ganz besonnesch.

An och hei zu Lëtzebuerg huet d'Chamber viles organiséiert. An ech wëll och do eisem President, dem Yves Cruchten, Merci soen. Hien huet déi ganz Band, déi e virdru beschriwwen huet an nominell ernimmt huet, zesummegehalen iwwert déi ganz Méint. Dat war net ëmmer einfach, mee et war och flott fir ze schaffen. Ech muss dat schonn esou soen. Dofir villmools merci dir an all deene Kolleegen, déi do matgemaach hunn.

Et war och en interessante Retour, dee mer haten. Mee och do - ech dierf jo e wéineg méi kritisches si wéi de President -, och do ware ganz interessant Leit, déi mat eis geschwat hunn. Mee et muss een awer soen: D'Ziel vun deene Leit, déi op déi Manifestatiounen komm sinn, dat war net déi ganz grouss Foulen, wann ech et elo dierf extreem diplomatesch ëmschreiwen. Ech maache wierklech kee Reproche. An et waren och flott Diskussiounen. Mir haten och eng Rei Rencontré beim Vëlostour, mee och do net déi gréisste Participatioun. An d'Rencontré mat Partner, déi mer hei an der Chamber haten, waren och interessant, mee et ware ganz oft awer och Saachen, déi mer scho wousste vun anere Reaktiounen, well se net ëmmer op Europa konzentréiert waren, mee op hir Iddi konzentréiert waren.

Ech soen et wierklech net als Reproche, ech soen et als Beschreiwung. An ech wëll domadder soen, datt mech am Fong vill un déi Referendumscampagne vun 2005 erënnert huet, wou mer de Leit d'Geleeënheet ginn hunn, eis hir Suergen auszedeckchen, a si hunn dann och all déi Suergen ausgedréckt, déi se haten. Et hat just net ëmmer eppes mam Sujet ze dinne, mee et war awer net outhwendeg. An ech hunn och déi Diskussiounen gär gefouert, well s de eng Geleeënheet has, iwwer alles ze schwätzen an haaptsächlech iwwer Problemer, déi d'Leit am Dagdeeglechen haten.

Ech wollt déi Beschreiwung vum Exercice maachen, well et am Fong net eng negativ, mee eng sympathesch Beschreiwung ass. Ech wëll domadder soen, datt dat, wat mir hei schreiwen, zwar gutt ass, ech géif et just net ëmmer als representativ fir d'ganz Bevëlkerung consideréieren. An ech mengen dierfen ze soen, datt, wa mer haut dee selwechten Exercice géife maachen, nodeem, wat an deene leschte 14 Deeg geschitt war, mer schonn erëm eng ganz aner Prioritéiteléisch géifen opstellen. Dat ass awer net schlemm. Dat ass einfach esou. A wa mer et an dräi Méint géife maachen, wär et warscheinlech erëm eppes anescht. Wichtig ass, deen Exercice eng Kéier gemaach ze hunn.

Eng aner Reflexioun, déi ech wëll dobäi soen, dat ass: Mir maachen elo deen Exercice, deen ass och gutt

gemaach. Just, mir sinn awer elo an enger Zäit, an Deeg a Wochen, wou sech jo total aner Problemer stellen, wou Europa Stellung muss huelen a Konflikter, déi et bis elo net kannt huet. An ech hoffen, datt mer och déi Positionen, déi mer doranner huelen, datt ... Also, wat ech am Fong wëll soen: Ech hoffen, datt déi Konferenz eis elo net esou vill Energie hält, an deem wat kënnt, datt mer eis net uerdentlech kënnen deene Sujeten, déi awer direkt musse geléist ginn, zouwenden. Ech weess, datt hannendrun, am Opschaffe vun där Konferenz a vun all deenen Iddien, onwarscheinlech Energie, onwarscheinlech Diskussiounen kënnen drastiechen. A mir si momentan awer an enger Zäit, wou mer effizient an direkt musse reagéieren. An do muss d'Unioun nach kucken, wéi se mat deem Dilemma ëmgeet.

Wa mer iwwert d'Zukunft vun Europa nodenken, wëll ech e puer fundamental Prinzippien ..., an ech kommen dann op d'Inhalter zréck, déi fir mech wichteg sinn, wann ech un d'Zukunft vun Europa denken. Ech soe fir d'éischt: Mir hunn eng europäesch Identitéit. Mir si stolz, Europäer ze sinn, a mir si gär Europäer, op jidde Fall déi meescht, wann net alleguer vun eis. Well dat, wéi mer sinn, dat, wat mer sinn, definiert sech mat enger Identitéit, déi sech op viles baséiert: op d'griichesche Philosophie, op d'rëimescht Recht, op d'chrëschtliche Traditionen, déi eis Basis ausmaachen. Mee iwwert déi Basis eraus sinn awer och nach eng ganz Rei regional Spezifitéiten - verschidde Sproochen, eng Diversitéit, eng Räichheet -, déi sech do ofzeechnen. An eng aner Definitioun ass, datt mer eng Gesellschaft sinn, déi accueillant ass an déi sech och fir extern Kulturen interesséiert a bereet ass, extern Kulture bei eis eranzehuelen a mat eis liewen ze loossen. Eng Gesellschaft, wou de perséinlechen Developpement am Mëttelpunkt steet an déi sech, niewent dem perséinlechen Developpement, awer als Solidargemeinschaft entwéckelt. Dat fannen ech weesentlech als Definitioun.

Zweete Punkt, dat ass, dass mer als Europa eng demokratesch Gesellschaft sinn: Demokratie, Fräiheet, Mënscherechter, Separatioun vun de Pouvoiren, parlamentaresch Demokratie, déi ëmmer méi grouss muss sinn, Participation citoyenne kennzeechen eis. Och dat wëlle mer bäibehalen.

Drëtte Prinzip, dat ass, datt mer en Europa kloer Grenzen hunn, wou nëmme Länner solle sinn, déi d'politesch an d'ekonomesch an d'institutionell Krittäre vu Kopenhagen respektéieren. Och dat ass a mengen Ae kloer. An dat huet och Konsequenzen, wa mer duerno diskutéieren. Ech kommen duerno nach eng Kéier gär drop zréck.

Véiertens: Mir brauchen en Europa, dat effizient ass. Dat ass Europa haut net ëmmer genuch. Et ass awer ëmmer esou, datt d'Effizienz dat ass, wat d'Vertraue vun de Bierger mat sech zitt. D'Bierger vertrauen Institutiounen, wa se effikass an effizient sinn. An do si mer deelweis an engem Däiwelskrees, well d'Leit trauen Europa net ëmmer, well et net ëmmer esou effizient ass, wéi se et wëllen. Fir datt et awer soll méi effizient ginn, misste mer Europa ganz aner Pouvoir ginn. Mee mir ginn Europa net aner Pouvoiren, well mer mengen, et wär net effizient. An dat ass en Däiwelskrees, deen een awer muss eng Kéier opbriechen. An dat ass vläicht eng Diskussioun, bei där et weesentlech ass, se no där Konferenz hei ze féieren. Mir brauche Kloeerheet an eisen Decisionsstrukturen, an eise Prozesser.

Mäi fënnefte Punkt, dat ass en Europa mat Zukunftsvisionen. Mir haten eng Kris vun der Eurozon, eng Migratiounskris, e Brexit, eng Covidkris, eng Ukrainkris. An dat, wat déi Krise charakteriséiert, ass am



Fong, datt allkéiers bei all Kris Europa iwwerrascht ginn ass an an der Iwwerraschung huet missen extreem schnell reagéieren. An Europa war ni honnertprozenteg virbereet, dat kanns de vläicht net ëmmer, mee Europa huet ëmmer missen an der Schnelllegkeet, an der Hetz reagéieren.

D'Ambitioun vun Europa misst am Fong sinn - an a mengen Aen ass dat kloer -, datt mer kënnen anticipativ sinn, datt mer Krise virbereeden an der Aussepolitik, an der Ëmweltpolitik an datt mer Problemsolver ginn, schonn esou schnell wéi méiglech, deelweis éier d'Krise kommen, respektiv wa se kommen, fir datt mer op déi verschidde Krise virbereet sinn. Dat beeinträchtigt eist Iwwerleeën an eist Denke ganz an dat ass och eng Necessitéit, fir verschidde Politicken ze verstärken, preventiv Politicken, zum Beispill an der Defense, déi muss verstärkt ginn, fir datt mer méi reaktiouns-fäeg op esou Krise ginn.

Ech kommen dann zu deene Prioritéiten, déi fir eis am wichtegste sinn, déi sech deelweis, awer nëmmen deelweis, mat deem iwwerschniden, wat d'Leit gesot hunn. Mee dat, wat kloer an daitlech an eisen Diskussiounen, déi mer mat de Leit haten, war, dat ass, datt mer eng gemeinsam Aussepolitik brauchen. Dat war eng Suerg, déi sech iwwerall ausgedréckt huet, all Owend ausgedréckt huet. An et ass am Fong erstaunlech, well d'Aussepolitik - an dat ass elo wierklech näischt géint den Ausseminister - am Fong net en typescht Thema vu Lëtzebuurger Politik ass. An dach krute mer ëmmer gesot: „Mir brauchen eng europäesch Aussepolitik, well mer gesinn, wat an Europa geschitt.“ Wann een elo gesinn huet, wéi schonn erëm virum dem Ausbruch vun dem Ukrain-Krich dee ganzen Défilé vu Presidenten, Premieren an esou weider beim Här Putin war, wat jo awer komplett desordonnéiert war, an en fin de compte den Aussebeoptragten, den Här Borrell, guer net do opgedaucht ass an den Här Michel och net, da war dat schonn e Problem.

Wat ass dann d'europäesch Aussepolitik gewiescht? Bon, mir waren elo solidaresch, tant mieux. Mee do huet sech awer eng Riseschwächt gewisen, déi d'Leit och gemierkt hunn. An dat, wat mer gesot kritt hu vun de Leit, dat war, datt et weesentlech ass, datt jiddwereen dee Wonsch, staark no bausse opzetrieden, respektéiert ze ginn, nogelauschtert ze kréien als Europäer, als Prioritéit consideréiert huet.

Dofir ass et fir eis kloer, datt d'Aussepolitik eng qualifizéiert Majoritéit muss hunn am Europäesche Conseil. Et stellt sech och d'Fro - obwuel een déi net dierf stellen, wann ee politesch korrekt ass - vun engem permanente Sëtz vun der EU am Conseil vun der Sécurité vum UNO, niewent Frankräich, wat och ëmmer, mee Europa huet seng Plaz do.

Doriwwer eraus stellt sech och d'Fro vum internationale Commerce, well dat ass och ëmmer en aussepolitescht Instrument, wat net ëmmer genügend consideréiert gëtt, an d'Fro vun den noutwendegen Accord-commercialen. An ech soen do, datt mir evidenteweis fir esou Accord-commercialen sinn, well se eis erlaben, kloer, ambitiéis an ëmsetzbar Ëmweltstandarden ze setzen, Innovationsstandarden ze setzen, sozial Standarden ze setzen, zum Beispill géint Kannerarbecht.

An dat ass eppes, wat jiddweree géif weiderbréngen a wat eis zum Beispill och elo géif hëllefen an all deene Froen, déi sech stellen an der Ukrain-Kris, wéi mer dann déi Approvisionnementsschäinen, déi elo duerch d'Ukrain-Kris ënnerbrach ginn a wou mer Schwierigkeiten hunn, hei an Europa déi Approvisionnementster ze kréien, ... fir aner Weeër ze sichen esou schnell wéi méiglech, fir datt mer kënnen erëm nei Approvisionnementsschäinen opstellen.

Also internationale Commerce als Element vun der Aussepolitik, Här Minister. An dofir war ech nach ëmmer der Meenung, datt de Commerce extérieur an den Ausseministère gehéiert. Mee dat awer just als Klammer dobäi.

Eng kloer Politik vis-à-vis vu China ...

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Mee, Här Wiseler, deen ass jo do.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Jo.

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Nee, alles wat mat Europa ze dinn huet, alles wat mat Trade ze dinn huet, mam Conseil, ass jo beim Ausseministère.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Jo, dat ass an der Rei. Mee mir hunn awer nach ëmmer ...

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Bilateral net.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Jo, mee Dir ... Här Asselborn, ech sinn amgaangen, Iech ze ënnerstëtzen, an Dir hutt genau verstanen, wou meng Ënnerstëtzung higeet. An ech fannen, datt zum Beispill déi zwee Reseauen, déi mir hei zu Lëtzebuerg hunn, wou mer duerch d'ganz Welt op där enger Säit Ambassaden hunn an op där anerer Säit ekonomesch Repräsentatiounen, verlueren Energie ass. Ech fannen, Dir sollt dat alles maachen, Här Asselborn.

(Hilarité)

Sou, elo kënnt Der mer bal net méi äntweren, gesitt Der. Bon! An ech fannen och, datt mer niewent enger klorer Politik vis-à-vis vu China och en ambitiéis Partenariat mat Afrika brauchen, an ech soen do net eng ambitiéis Kooperatiounspolitik, ech soe wierklech en ambitiéis Partenariat mat afrikanesche Länner, well et ass am Partenariat, wou mer kënnen schaffen.

An ech froe mech och, awéiwäit europäesch net awer zu engem Deel e Pooling vu Kooperatiounspolitike kéint gemaach ginn, déi europawäit subventionéiert ginn a soumat d'Kooperatiounspoliticken, déi déi eenzel Länner maachen, zumindest deelweis nach méi effikass maachen, wéi se elo scho sinn. Eng Aussepolitik also, déi a) effizient, uerdentlech organiséiert a b) mat präzisen Zilsetzungen ass, ass déi éischt absolut Noutwendegkeet.

Déi zweet, dat ass, d'Sécherheet ze garantéieren. Dovun hunn d'Leit net esou vill geschwat an eisen Diskussiounen, déi mer mat hinnen haten. Mee géife mer haut nach eng Kéier dohigoen, wär dat absolut de Sujet Nummer 1. Europa muss Fräiheet a Sécherheet garantéieren. Dofir ass Europa geschaaft ginn an dat ass haut méi wéi jee wouer.

Dat bedeit awer, datt mer eis op ganz verschiddene Punkten asetzen - Frontex ass fir mech eng Evidenz, dat muss ausgebaut ginn - an datt déi eenzel Länner müssen op de Grenze gehollef kréien, wa se et net selwer packen.

Europol muss eng operationell Polizeiagence si mat grouse Pouvoire fir d'Terrorismusbekämpfung. Et kann ee sech souguer iwwerleeën, ob een net higeet an eng méi grouss Unioun vun de Protection-civilen mécht. Net, datt déi national net sollen hir eege behalen - dat ass jo evident -, mee et kéint een trotzdem kucken, datt zum Beispill eng Rei Saachen, wéi d'Virbereedung op Krisenasätz iwwerall an der EU, wou Reserve vun Iessen, Medikamenter, medezineschen Apparater an Urgencematerial musse gemaach ginn, zu engem Deel gemeinsam koordinéiert ginn am Fall vun engem Disaster an engem EU-Staat.

Dat selwecht gëllt fir d'Zesummenaarbecht mat den Enseignementssewicer, déi jiddwerengem eng Evidenz ass, mee déi nach ëmmer Schwierigkeiten huet, esou ze klappen, wéi mer et am Idealfall géife wëllen.

A mir brauchen och - an ech hunn dat schonn an der Diskussioun virdru gesot - eng grouss Diskussioun iwwert d'Ausrüstung, de Finanzement an d'Ekipeement vun eiser Arméi iwwert de Militärbudget. Dee muss einfach fir eis Defensepolitik eropgesat ginn. Och mir als Lëtzebuerg musse eisen Deel vun der Responsabilitéit droen.

Et ass ëmmer méi kloer ginn, datt d'NATO fir eis weesentlech ass. Si ass net „gehiertout“, wéi den Här Macron et gesot huet. Dann hätte mer se haut net. Da wäire mer richtig, richtig schlecht drun! Ech si frou, datt mer an der NATO sinn an dofir musse mer eis Presenz och esou maachen, datt se deem entsprécht, wat d'NATO laangfristeg braucht. Dat geet net kuerzfristeg, mee laangfristeg musse mer dohinner goen.

Mir haten déi grouss Chance - an ech soen dat och als Europäer -, datt mer haut en transatlantesche President hunn: Gottseidank ass den Här Biden e President, deen Interêt fir Europa huet an dee sech och formidabel agesat huet an där Kris, an där mer haut sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Mee mir wëssen net, ob deen aneren net erëm eng Kéier zréckkënn an ob mer net erëm eng Kéier déi selwecht Problemer kréien, déi mer déi véier Joer virdrun haten. An dofir soen ech, datt mir als Europa zu engem groussen Deel och fir eis eege Sécherheet musse responsabel sinn: déi europäesch Verteidegung, d'Kooperatioun vun eisen Arméien, déi europäesch Defensecapacitéiten, och d'Iwwerleeunge ronderëm e conseil de défense, dee sollt gemaach ginn, wou ëmmer an ëmmer méi Schrëtt op Gemeinsamkeiten zou gemaach ginn.

Dat selwecht gëllt natierlech fir déi industriell Verteidegungscapacitéit. Déi europäesch Industrie muss och eng gewëssen Autonomie hunn, fir dat ze produzéieren, wat mer an der Defensepolitik brauchen, soudatt mer net ofhängeg si vun anere Länner, wou mer net wëssen, wéi laang mer zerwéiert ginn a wéi laang mer dat Material, wat mer awer strateegesch brauchen, och kënnen kréien. Och dat ass e gemeinsamen Effort, dee muss gemaach ginn. Dat schéngt eis absolutt evident ze sinn.

An zum Schluss nach eng Kéier den Appell, deen ech ëmmer maachen: Déi Gesetzgebung, déi mer absolutt brauche fir d'Protektioun vun eisen Entreprisé vis-à-vis vu strateegeschen a feindlechen Iwwernamen aus anere Länner, ass méi wéi jee haut wichtig. Dat muss elo jiddwerengem bewosst sinn. D'Regierung huet do en Text deposéiert. Ech hat virdru eng Proposition de loi gemaach. Et ass mer am Fong komplett egal, wat kënnt. Kommt, mir maachen et just, fir datt mer dat Instrument hunn!

Mäin drëtter Punkt ass de Bien-être, d'sozial Fairness an d'Kohäsion vun eiser Gesellschaft. Selbstverständlech ass dat ee vun de grouse Prinzippe vun der Europäescher Unioun. A wann d'Leit, déi mer an der leschter Zäit besicht hunn, eis gesot hunn: „Wat hu mir da vun Europa? Europa ass wäit ewech a mir hunn et ze di mat engem technokrateschen Europa, wat am Fong net an eist deeglecht Liwwen iergendwéi mat agräift“, dann ass dat ganz kloer eppes, wat an hirem Gefill richtig ass. An da muss een explizéieren an et muss een och an der Praxis eppes maachen.

(M. Marc Spautz prend la présidence.)



Niewent dem ekonomeschen Deploiment, wat fir d'ëischt emol eng Explikatioun ass, dem Approfondissement vum Marché unique oder dem Fäerdegmaache vun der Bankenunioun an der Kapitalmaartunioun muss een och erklären, datt déi ganz technesch Saachen, déi do gemaach ginn, am Fong gemaach ginn, fir de Bierger virun Abusen ze schützen, an datt dat och eppes ass, wat an d'dageeglecht Liewen agräift vun deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg an Europa wunnen.

Mee da kommen natierlech eng ganz Rei prezis Punkten dobäi, déi d'Leit verstinn: Den europäesche Mindestloun ass een dovun, en neie Pakt mat de Sozialpartner, fir Jugendarbeitslosigkeit ze vermeiden, zum Beispill en anereren. All déi Echangeprogrammer fir Jugendlecher - den Erasmus an anereren, déi Interrail-Initiativen - an alles dat, wat an d'praktescht Liewen agräift, ass eppes, wat mer musse weiderdreien an an d'Fenster stellen. Dat ass och vill gefrot gi vun de Leit, bei deene mer waren: déi praktesch Punkten, déi si all Dag an hirem dagdeegleche Liewe betreffen.

An d'selwecht war et, wa mer am Norde vum Land waren, fir e Wuert iwwert d'Agrarpolitik ze soen, well sech do ganz vill Suerge gemaach ginn, well déi Budgete vun der Agrarpolitik jo ganz vill contestéiert gi sinn. Och do musse mer kloer an d'äitlech soen: Agrarpolitik ass fir eis systemesch relevant! A well et systemesch relevant ass, musse mer et och an Zukunft weider esou ënnerstëtzen. Well et ass gradesou wichteg, datt mer autonom sinn an dem Approvisionnement vun eisen Iesswuere an datt mer do eng Produktioun hunn, déi eis weiderhëllef, och a Krisenzäiten. Och dat ass en Deel vun eiser Autonomie an dofir musse mer eis och engagéieren fir d'Ënnerstëtzung vun de Familiëbetreiber.

*(Interruption)*

Iwwert d'Produktiounsart a -weis kënnen mer jo ëmmer diskutéieren, esou vill Der wëllt. Ech wëll just soen, datt mer musse kucken, datt d'Agrikultur och an Europa ka weiderliewen. An dat ass net einfach.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Wéi soll dat goen?

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Är Fro ass, wéi dat soll goen. Mee ech verwierfe mech hei dogéint, datt Subside gestrach ginn an datt d'Budgete vun der Agrikultur erofgesat ginn. Dat ass déi eenzeg Aart a Weis, fir der Agrikultur eng Zukunft hei an Europa ze ginn. A wat fir eng Richtung et soll goen, ass, mengen ech, wierklech elo net haut d'Diskussioun.

*(Interruption par M. François Benoy)*

**Une voix** | O ma ...

*(Brouhaha)*

**M. Claude Wiseler** (CSV) | O wësst Der, Här Benoy, ech kann haut och en Discours iwwert d'Agrikulturpolitik maachen, wann Der dat wëllt maachen. Mee domat hunn ech absolutt kee Problem. Mir hunn där scho méi wéi ee gefouert.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech wëll just soen, datt ech mech hei asetze géint verschidden Tendenzen, fir Agrarbudgeten ze kieren, datt ech dogéint sinn, datt se gekierzt ginn! Dat ass dat Eenzege, wat ech gesot hunn, an do hannendru stinn ech.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Op deem Punkt si mer op alle Fall d'accord.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ma très bien!

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Den Här Wiseler huet d'Wuert a soss kee wéi den Här Wiseler.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Nee, ech hunn awer gär, wann ... Här Spautz, ...

*(Brouhaha)*

... Dir sidd léif, datt Der mech verteidegt.

*(Hilarité)*

An de Santéberäich ass och eppes, wat mer allkéiers bei all Owend gesot kritt hunn. D'Leit fannen, datt en Deel vun der Krisekompetenz bei der EU muss leien. Et ass keen, deen eis gesot huet: „Mir hätte gär, datt mer eng europäesch Gesondheetspolitik solle maachen.“

**Une voix** | Tatsaach.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Si sinn zefridde mat enger Gesondheetspolitik, déi national gemaach gëtt.

Mee par contre, wat mer ëmmer an iwwerall gesot kréien: Wann eng international Kris ass, da muss d'EU eng Kompetenz hunn, well esou Krise wéi déi vum Covid an anereren, déi mer kannt hunn, kënnen nëmmen international geléist ginn.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Ganz richtig!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | An dofir muss een och do d'Instrumenter ginn, fir dat méiglech ze maachen. Fir mech ass et, fir eis ass et ganz kloer, datt mer eng vergréissert Koordinatiounskompetenz a Krisenzäite mussen hunn. Fir mech ass et, fir eis ass et ganz kloer, datt d'EMA a verschiddene Punkte méi eng staark Roll muss spillen, datt mer eng europäesch Medikamentchaïne besser organiséieren mussen, fir de medezinneschen Approvisionnement an d'Autonomie garantéieren ze kënnen dann, wann et noutwendeg ass, an net vu China ofzehänken, wann esou Krise kommen. Datt mer eng gemeinsam europäesch Pandemieplanung musse maachen, ass absolutt evident. Datt mer en Accord hunn, och fir gemeinsam Medikamenter am Noutfall ze kafen, ass fir mech och absolutt evident. Datt mer d'Méiglechkeet hu vu medezinnescher Zesummenaarbecht, zum Beispill a grenziwwerschrënde Spideeler, och dat ass un eis erugedroe ginn.

A mir zwee, Här Di Bartolomeo, hunn och déi Experienz mat Diskussiounen, wann et drëm geet, fir am Süde vum Land e grenziwwergräifend Spidol opzemaachen, wat eng Iddi war, wou mer probéiert hunn, deelweis gemeinsam Schrëtt ze maachen, wat eis awer net gelongen ass.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | ... gescheitert.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Genau. Et ass net gelongen, well esou vill Differenze waren an esou vill Schwierigkeeten, administrativer, gesetzlecher a wat och ëmmer, datt mer net weiderkomm sinn, wat mer Leed deet! Wat mer Leed deet a wou ech soen, datt wier awer eng grouss Iddi, fir och déi transregional medezinnesch Versuergung anescht ze organiséieren. Da géife mer vill Sue spueren, wa mer fäerdeg wäeren, a mir kéinten och bei der Qualitéit vun der Medezinn vläicht nach e Schrëtt méi wäit goen, wéi mer elo souwisou scho sinn.

Den eHealth mat de Patientendaten, deen och europawäit misst brauchbar sinn, all déi Systemer, déi déi eenzel Länner mat Patientendossieren an Änlechen maachen, do muss absolutt garantéiert sinn, datt dat europawäit relevant ass. A bei grousser Santéprojeten an der Recherche, wéi zum Beispill Kriibs, wéi zum Beispill Alzheimer-Recherche, ass et absolutt eng Evidenz, datt mer do nëmmen, nëmmen, nëmmen kënnen weiderkommen, wa mer all eis Recherche-moyenen zesummeleeën, wann eis Universitëten, Recherchezentere gemeinsam schaffen, soss packe mer dat net. Dat wär zum Beispill e risegen

europäesche Projet, dee vun de Leit géif appreciéiert ginn, wa mer do kéinten eppes zesumme maachen, well do ass jiddwereen a senger Famill, a sengem dagdeegleche Liewe concernéiert dovun.

Fënnefte Punkt: Ëmwelt- a Klimapolitik. Mir kennen d'Erausforderungen, déi ambitiéis Ziler fir 2030, déi Karbonneutralitéit bis 2050. Dat ass och eng absolutt Demande, déi mer all Owend kritt hunn. D'Leit wëllen, datt Europa Leader hei soll sinn, a mir soen, datt mer en enorme Creneau fir eis Ekonomie an där doter Ëmwelt- a Klimaökonomie kënnen hunn, datt et och un eis ass, déi international Standards ze setzen, ze dreien an ze kucken, datt se esou wäit wéi méiglech weltwäit respektéiert ginn.

Dat ass eng Tache, vun där d'Bierger gär hätten, datt Europa se soll iwwerhuelen, Upgraden och vun eiser Energieunioun, alternativ Energien, eng Hydrogène-strategie, déi mir kënnen zu Lëtzebuerg zum Beispill projezéieren a prioritär, als Projet pilote hei ëmsetzen.

E grouss Programm fir Hydrogène wär zum Beispill och eppes, wat ee kéint mat afrikanesche Länner zesumme maachen. Dat géif eis och als Europäer, mee och op dem afrikanesche Kontinent weiderbréngen.

E lauter esou Iddien, mat deene mir honnertprozenteg kënnen d'accord sinn, sinn déi, déi mer vun de Leit héieren hunn.

An ech hunn et virdru scho gesot: Mir brauchen eng Diskussioun iwwer eis zukünftige Energiepolitik. Ech ginn net nach eng Kéier drop an. Den Här Kersch ass net heibannen, dann huet et kee Wäert, datt ech drop aginn, mee soss wär ech awer nach eng Kéier mat Pleséier drop agaang.

*(Interruptions et hilarité)*

Jo, mee dat maache mer an enger Debatt separat. An ech soen nach eng Kéier, ech géif - ech hunn et elo e wéineg ironesch gesot - déi Debatt gären an aller Seriositéit féieren, well et ass eng seriö Debatt, wou ee muss zesummen driwwer schwätzen, wéi een dat do an de Grëff kritt, well et si vill kontradiktöresch Erausforderungen, wou mer Equilibre musse schafen. Dat war am Fong meng Ausso.

Mäi sechste Punkt, datt ass e kompetitiivt Europa, en Europa vun der Innovatioun, vum Wëssen a vun der Digitalisatioun. Mir hunn Innovatioun an Digitalisatioun, déi mer an Europa maachen. Contrairement zu anere Länner maache mer se net, fir d'Leit ze kontrolléieren, esou wéi dat a China de Fall ass. D'Digitalisatioun gëtt net als Kontrollmethod agesat. Mir maachen Digitalisatioun, wou de Bierger am Mëttelpunkt steet, a mir stellen haut fest, datt Europa do e Retard huet.

Do, wou d'Zukunft spillt, musse mer also eis gebündelt Energien an eis Ressourcen zesummesetzen, fir d'Recherche weiderzedreien am europawäite 5G a fir spéider e Champion an engem eventuelle 6G ze ginn. Dat heescht, Developpementen vun artificieller Intelligenz, Internet of Things, Cybersecurity an Änlechen, déi Efforte mussen absolutt gemaach ginn. Och dat ass eng vun deenen absolutt groussen Erausforderungen. Och déi sinn de Leit dobause bewosst, déi op déi do Saache reagéieren, déi gesinn, wat an anere Länner geschitt, déi gesinn och a spieren, wellech Retarde mir hunn.

A mir brauchen - an dat krute mer och iwwerall owes gesot an déi Diskussioun si souguer wäit gaangen - eng regulatoresch Initiative, fir zukünftige Artificial-Intelligenz-Froen ze encadréieren, soudatt mer net duerch déi artificiell Intelligenz an e Kontrollsystem geroden, mee datt mer et am Fong an den Dëngscht



vum Mënsch setzen an net, fir de Mënsch ze kontrolléieren. Dofir muss et gesetzlech encadréiert ginn. An dat selwecht, wat mer gesot kréien, dat ass déi Kompetitivitéit, déi mer heiansdo duerch eng schwéierfällleg Legislatioun ..., déi extreem héich administrativ Hürde fir eis Entrepreneuren opbaut an déi mer an Europa ganz gutt mussen beobachten, well do riskéiere mer, duerch eng schwéierfällleg Legislatioun, eis awer Hürden ze schafen, déi net ëmmer noutwendeg sinn.

Den Här Juncker huet vill probéiert, a senger Period dorunner ze schaffen an drun ze änneren, an dee manner am Fong reguléiert ginn ass während där Period. An an deene leschte Wochen hate mer nach Beispiller vun am Fong onnéidegen a kontraproduktiven europäeschen Initiative wéi zum Beispill déi Unshell-Direktiv, déi elo erauskomm ass, déi am Fong quasiment als Resultat wäert hunn, wa se esou géif ëmgesat ginn, wéi se et elo wäert sinn, fir SOPARFIen aus Europa erauszedrénken an domat eng generell Attraktivitéit fir d'EU-Entrepreneuren méi kleng ze maachen hei an Europa. Dat ass onnéideg, dat ass kontraproduktiv, dat verstinn d'Leit och net dobaussen an do mussen mer ophale mat deem Blödsinn en fin de compte!

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Autonomie ze kréie fir Medikamenter, fir Energie ass eng Evidenz. Ech ginn net weider drop an.

An dann ass awer nach en anere Punkt, dee fir eis wichteg ass, dat ass, dass mer och ophale mat där Geschicht, fir grouss europäesch Entrepreneuren, déi sugenannten EU-Champions, duerch Gesetzgebungen am Fong ze ënnerbannen, net liewen ze loossen, net weiderkommen ze loossen. Ech verstinn déi Logik ganz gutt, wann s de se an eng europäescher Logik denks. Mee mir sinn net méi an enger europäescher Logik, mir sinn an enger weltwäiter Logik hei! A wa mer dann empêcheieren duerch Gesetzgebungen fir a sech grouss EU-Betriben, déi weltwäit kéinte konkurrenzfähig sinn, well mer déi empêcheiere mat enger europäescher Logik, da si mer absolutt an total kontraproduktiv par rapport zu enger weltwäiter Kompetitivitéit, déi mer awer mussen an Europa kréien. A mat deene Saache mussen mer och absolutt ophalen, soss komme mer an Europa net weider!

Och dat si komescherweis Saachen, déi d'Leit eis gesot hunn. Dat ass jo elo scho ganz spezifesch als Sujet, mee mir kruten et trotzdem als Suerg ausgedréckt. Ech hunn et ganz besonnen fonnt, dass d'Leit mat eis op esou Sujeten agaange sinn, an ech war erstaunt, dass et ugeschwat gouf, mee et ass ugeschwat ginn. Et ass also och eng Suerg vun de Leit, net nëmme vu Politiker, déi sech fir Industrie a Wirtschaft interesséieren.

Déi siwint Fro, dat ass eng gemeinsam Äntwert op Migratiounsfroen, eent vun deene grousser Fragezeichen vun der europäescher Politik an am Fong den Ausdrock - an dat krute mer och allkéiers gesot - vun där Hëlleflosigkeit an där Incapacitéit, an där d'EU heiansdo ass, fir esou weesentlech Problemer ze léisen, well hei egoisteschen national Reaktiounen solidarisch, gemeinschaftlech Léisungen einfach empêcheiert hunn an dat total inakzeptabel, total inakzeptabel ass, an et gëtt och vun de Leit esou gesinn.

Wat mer brauchen, ass eng gemeinsam europäesch Asylpolitik, eng effektiv Reform vun den Dublin-Prozesser, eng regulär Migratiounspolitik an Europa, déi muss organiséiert ginn, en Deel vun der Responsabilitéit zwëschen Memberstaaten am Prinzip vun der Solidaritéit, der Capacitéit, der Subsidiaritéit. An dofir mussen mer déi Diskussioun iwwert de Migratiounspak

oder den Asylpak, deen d'Kommissioun ausgeschafft huet, och weiderdriewen.

Mir hate virun e puer Deeg hei an der Chamber op dëser Plaz - ech mengen, et ass do, wou Dir sëtzt, Här Cruchten - de Margaritis Schinas sëtzen, fir eis am Fong ze erklären, wéi hie wëllt déi Migratiounspolitik an Europa gestalten. An dat gëtt ganz komplizéiert. Mee dat Eenzege, wat déi Ukrainakris vläicht kéint als Positivt hunn - an ech wëll do wierklech net falsch verstane ginn -, dat ass, dass am Fong déi Länner, déi ëmmer Nee gesot hunn, fir gemeinsam Solidaritéit ze weisen, wéi Polen, wéi Ungarn, wéi Rumänien, d'Slowakei, dass déi elo op der éischter Front si bei der Ukrain an elo Solidaritéit froen a selbstverständlech mussen kréie vun eis, mee dass dat awer vläicht, vläicht, vläicht en Émdenke kéint bréngen.

Ech sinn eeben extreem virsiichteg, well ech och net ganz dru gleewen, mee d'Logik, wann s de Solidaritéit frees, do misst de heiansdo soen: „Mee ech kréie se, also muss ech der och heiansdo ginn!“

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Mee enfin, et ass an der Welt haut net méi alles logesch. Dofir ass dat vläicht eng Illusioun an en Dram, wat ech do hunn.

An den Här Schinas huet eis do vun dräi Stufen geschwat, déi mir och fundamental schéngen. Fir d'éischt den Accord mat de Länner, wou Departement sinn, respektiv wou a sech Transit vu Flüchtlingen ass, dass een do evidenteweis muss kucken, dass een Accord mat deene Länner kritt, awer net Accorden, wou just Kooperatiounspolitik a Sue gewieselt gi géint Flüchtlingen, déi se hei halen, mee nu wierklech Accords de collaboration, de partenariat mat de Länner, wou dat do och abegraff ass, mee wou mer seriö Politicke mat hinne maachen.

Déi zweet Etapp ass d'Organisatioun vun eise Grenze mat Frontex an déi drëtt déi Solidaritéitsmechanismen, déi mer innerhalb vun Europa wierklech nach eng Kéier mussen weiderbréngen. Déi Iddien, déi um Dësch leien, sinn Iddien, déi net satisfaisant sinn, mee awer trotzdem e groussen éischte Schrëtt kënnen bedeuten, fir do weiderzecommen.

Mäin achte Punkt, dat ass en Europa, wat funktionéiert. Et gëtt emol gesot, mir wäeren momentan keng perfekt Unioun, mee mir mussen a mir wäerten och ni eng perfekt Unioun ginn, mee mir mussen awer eng effizient Unioun kréien an eng, déi der haiteger Welt ugepasst gëtt.

Dat heescht, mir brauchen staark Institutionen. Europa ass eng parlamentaresch Demokratie an d'Europaparlament ass d'Häerzstück vun der europäescher Demokratie. A mir mussen dem Europaparlament déi noutwendeg Pouvoire ginn, fir och dat Häerzstück kënnen ze sinn. D'selwecht wéi d'Lëtzeburger Parlament d'Häerzstück vun der Lëtzeburger Demokratie ass, sou brauch a sech d'Europaparlament déi voll legislativ a budgetär Pouvoiren an och an eisen Aen en Initiativrecht. Sou muss d'Europaparlament och kënnen de Contrôle vun der Kommissioun maachen. E richteg geupgradet Enquêterecht - dat ass jo och eng Diskussioun zu Lëtzebuerg -, menge mir, misst och beim Europaparlament sinn. Eng Impeachmentprozedur bei eenzelne Kommissäre schéngt mer einfach och logesch ënnert den normale Pouvoiren, déi e Parlament an enger Demokratie muss hunn.

Mir sinn och der Meinung, dass de Geriichtshaff - selbstverständlech do, wou mer et kënnen - soll verstärkt ginn, a mir sinn, wat d'europäesch Demokratie ugeet, der Meinung, dass de Spëtzekandidatensystem, dee bäigangenen ass bei deene leschte

Walen, awer e sënnevolle System ass. E muss selbstverständlech anescht gestallt ginn an en där net méi esou lächerlech gehandhaabt ginn, wéi dat déi leschte Kéier de Fall war. Mee de Spëtzekandidatensystem huet awer ee grouss Virdeel, dat ass, dass d'Leit an Europa hir Wale mat enger Persoun identifizéieren kënnen a sech dee Moment dann och personifizéieren kënnen a sech vläicht méi no spiieren mat de Leit, déi se do wäelen.

Och bei de Kommissären ass eng Fro, déi ee sech ka stellen, ob se sech net sollte wierklech hei zu Lëtzebuerg an an anere Länner wäelen loossen, dass se eventuell och eng Légimité démocratique kënnen hunn. Wéi, wat, wou ass nach eng ganz aner Fro. Zu Lëtzebuerg ass dat déi leschte Kéier gemaach ginn. Dat, mengen ech, war och sënnevoll, à moins, wéi gesot, dass deejéinegen als Spëtzekandidat matgeet, dann ass et jo nach eng aner Fro, da léisst e sech jo och indirekt wäelen. Mee ech mengen, do muss een d'Mechanismen ...

Mir sinn der Meinung, dass déi transnational Lëschtchen eng falsch-gutt Iddi sinn, well et weesentlech an eisen Aen ass, dass d'Leit sech representéiert spiieren vun hiren individuellen Deputéierten, d'Proximitéit vun Deputéierten spiieren. Och wann en am Europaparlament sëtzt, muss e fir d'Leit erreechbar sinn, vun de Leit kannt ginn, mussen d'Leit och wëssen, mat wem se ze dinn hunn. An dofir ass et fir eis wichteg, dass dee System, wou territorial gewielt gëtt am Europaparlament, och bäibehale gëtt. An ausserdeem: A Lëschtchen, déi transnational wäeren, wäeren kleng Memberstaate sécherlech desavantagéiert. Fir eis soll déi territorial Representativitéit och weiderhi spillen.

Et ass an eisen Aen net d'Europaparlament, wat e Legitimitéitsproblem huet, mee wann een an der legislativer Prozedur e Legitimitéitsproblem huet, dann ass et sécher d'Kommissioun, net d'Parlament.

Néngstens, an dat ass mäi leschte Punkt virun der Konklusioun, dat ass d'Erweiterung. Och op déi si mer oft ugeschwat ginn. Mir krute vu ganz ville Leit gesot, dass déi lescht Erweiterung, déi geschitt ass, ze wäit gaange wär an a sech viles vun der Kohärenz vun Europa ewechgeholl hätt an dofir problematesch wär. Dat gëtt dobaussen vill geduecht, krute mer vill un eis zrëckbruecht.

An da muss een - an dat hu mer ëmmer gemaach - en historiescht Developpement maachen, fir de Leit ze erklären, firwat dass déi Ouverture gemaach ginn ass, firwat dass déi Erweiterung sengerzäit gemaach ginn ass. A wann een dat bis mécht, verstinn d'Leit dat och ganz schnell, wann ee seet: „Mee, wat ass dann déi aner Optioun? Mir hu se erageholl, éischten, well se wollten, mee zweeten awer och, well se zu Europa gehéieren. A wat wär d'Alternativ gewiescht?“ An elo, dat, wat elo amgang ass ze geschéien an der Ukrain, ass jo dat beschte Beispill, wat kéint geschéien, well wéi géif et elo a Polen ausgesinn, an Ungarn ausgesinn, wa se net an der Unioun wäeren, a Litauen, an de baltische Länner?

D'Explikatioun, firwat et wichteg war, ass elo am Fong nach méi einfach ginn, malgré all déi Schwierigkeiten, déi mer domadder hunn, a mir sinn déi lescht, déi se am Fong verneenen, déi Schwierigkeiten. Mee den historiesche Wee huet iwwert déi do Etapp an eisen Ae gefouert an dat muss een de Leit och explizéieren. An ech mengen, dass d'Leit dat haut verstinn, méi wéi d'lescht Woch verstinn, och wa se et scho verstanen hunn, wann een d'Explikatiounen ginn huet.

An da mengen ech och, dass mer kloer Perspektive mussen setzen, wouhin mer ginn a wéi mer wëlle ginn. Mir sinn der Meinung, dass deen ugefaangene



Prozess an der Türkei néierens hiféiert an datt een dat och soll kloer an dättelech zum Ausdrock bréngen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Par contre si mer awer der Meenung, datt déi Diskussioun am Balkan, déi och amgaang ass, datt déi zu eppes muss féieren, well mer der Meenung sinn, datt de Balkan zu Europa gehéiert an datt et e risegé strateegesch Feeler wär, fir deen erauszdrécken, erauszehalen. Natierlech muss se alle Krittäre gerecht sinn, natierlech hélt dat nach enorm Zäit ewech, mee d'Perspektiv muss awer kloer, kloer an dättelech sinn. Et ass e laange Wee, mee maache mer et net, dann hu mer aner Influenze mëtten an Europa, Influenze vu Russland, Influenze vu China oder vu wiem och ëmmer, vun der Türkei, déi mer net wëllen. Dofir ass et eis absolutt Responsabilitéit. Ech mengen, dat muss een och kloer a senge Messagë soen, datt d'Leit wëssen, wou et an eisen Ae muss higoen.

Konklusioun: Wéi geet et weiter? Mat aller Kritik um Exercice, déi ech am Ufank gemaach hunn, fannen ech, datt e wäertvollen Exercice war. Wat net dierf geschéien - dat ass dann en Appell un den Här Minister -, dat ass, datt dat hei e Pabeier ass, dee wéi esou vill Honnerte Pabeieren am Tirang wäert verstëbse mat all deene Wäiss- a Gréngbicher, déi mer scho kannt hunn.

D'EU-Parlament, déi national Parlamenten, de Conseil, d'Kommissioun mussen Konklusiounen draus zéien, müssen d'Besoinen identifizéieren, Pistes ofsécheren an et sinn der genuch do, mat all deem, wat mir soen, mee haaptsächlech, wat d'Bierger gesot hunn.

Fir mech ass et esou, datt een, Här Minister, alles muss kucken, wat een an enger éischter Etapp ouni Traitésännerung ka maachen, elo an direkt. An déi Traitéen, déi mer momentan hunn, do kann ee viles, viles domadder maachen. Mir maachen heiansdo net alles domadder, well op eng noutwendeg Traitésännerung hinweisen ganz oft eng Excuse ass, fir näischt ze maachen, well een et net wëllt maachen a well een dann dat Argument do virschiebt.

D'Realitéit ass awer, datt ee mat deenen Traitéen, déi mer haut hunn, ganz viles ka maachen. Dofir soen ech kloer: Eise grouse Wonsch ass emol an där éischter Etapp, deen Traité voll auszenotzen fir weiterzkommen. Duerno, wann een eng Traitésännerung mécht, da muss ee jo wëssen ... Meng grouss Apprehensioun, eis grouss Apprehensioun ass, datt mer da fénnef bis zéng Joer mindestens amgaang sinn ze diskutéieren an datt da viles blockéiert gëtt, well viles erëm no hanne geschobe gëtt, an enger Welt, wou awer d'Weichen haut gestallt ginn an net muer an net iwwermuer gestallt ginn, wou mer haut müssen Decisiounen huelen, well mir kucken, wéi schnell et amgaang ass ze lafen, mir kucken, wéi schnell op anere Kontinenter Decisiounen falen. Kënne mir eis elo esou e Prozess erlaben, wou mer fénnef, zéng Joer emol erëm diskutéieren, wéi mer par rapport där enger, par rapport zu där anerer Institution eis sollen opstellen a wien een hei muss wien an do muss gewielt ginn? Kënne mer eis et erlaben?

Dat heescht, ech hunn do ... Ech erënnere mech ze vill un déi Diskussioun, déi mer zwëscht 2000 an 2005 iwwert déi lescht Konventioun do haten.

Här Asselborn, mir ware jo deelweis do zesummen an der Regierung a mir wëssen, wéi schwierig déi Diskussioun war. Mir kënne eis och un déi Owender erënnere, déi mer mat de Leit do an Diskussiounen verbruecht hunn, déi net ëmmer eppes mat Europa, mee vill mat anere Problemer ze dinn haten. An dee Prozess war bal derniewentgaangen. An dee Lëtzeburger Referendum, dee jo schwierig och fir eis

war, mee deen huet de Prozess en fin de compte gerett, datt e konnt weidergoen, soss hätt dat liicht, liicht kënne derniewentgoen. Dat heescht, et ass eng grouss Gefor, esou e Prozess erëm unzefänken.

A wann een en dann erëm muss ufänken, well et net anescht geet a well den Drock ze grouss ass, dann ass eis kloer Recommandatioun: Dann huet just déi dräi oder véier Punkten, déi musse gemaach ginn, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | ... mee maacht net erëm e Risenexercice, wou esou vill Energie verluer geet a wou mer op den zentralen Erausforderungen, déi d'Welt eis stellt an déi net ëmmer frou mat eis sinn - déi net ëmmer frou mat eis sinn! -, wou mer do déi Energie verléieren, anstatt déi aner Problemer unzegoen ... Wann et muss gemaach ginn, da konzentréiere mer eis op déi Saachen, déi musse gemaach ginn, a mir kucken, datt mer dat hannert eis kréien.

Vill Leit, muss ech soen, sinn haut géint Europa a schaffe géint déi europäesch Iddi. An den Här Putin ass ee vun hinnen an et ginn awer ganz vill anerer. Et gi ganz vill anerer, deenen d'Fräiheet an d'Demokratie kënne geféierlech ginn an déi dofir net frou mat eis sinn. An där ginn et der dobaussen, mee et ginn der awer och dobannen an Europa.

An ech soen zum Schluss, datt Europa muss de Courage opbréngen, sech géint déi Géigner, géint seng Géigner ze wieren, sech ze behaapten, sech duerchsetzen. Am Fong ass et dat, wat mer mat dëser Konferenz schnellstens musse fäerdegbréngen, an zwar Europa erëm Vertrauen a sech selwer ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz, Président de séance** | Merci dem honorabelen Här Wiseler. Déi nächst ageschriwwen Riednerin ass déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Beissel (DP)** | Här President, Kolléeginnen a Kolléegen, Här Minister, virop och mäin häerzleche Merci un eise President a Rapporteur Yves Cruchten fir säin exzellenten a breet gefächerte mëndleche Rapport. An ech wëll him och Merci soen, mäi Virriedner huet dat och scho gesot, fir déi ganz flott Manéier, wéi en eis Grupp all déi lescht Méint geféiert huet.

Ech hänke mech awer hannendrun, well si hunn esou eng wichteg Roll gespilt, fir och meng Mercien un den Yves Carl, de Cédric Scarpellini, d'Ines Luna an natierlech och d'Madamm Calteux ze riichten, well si hunn eis déi lescht Méint iwwerall begleet an informéiert an natierlech si se maassgeblech hei zoustänneg fir dee risegen exzellente Rapport, dee mer elo haut kënne kommentéieren.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP)** | Här President, d'Présidence vun der COFE huet eis u sech ënner Zäitdrock gesat, well am Prinzip sollte mer jo den 9. Mee 2020 ufänken, mir hunn awer eréischt den 9. Mee 2021 ugefaang an do hu mer eis natierlech direkt zesummegegerappt an hunn direkt intensiv ugefaang ze schaffen, well mir wollten awer eiser Missioun jo gerecht ginn.

D'Prise de conscience vun den europäeschen Decideuren, vun den Institutionen, dass leider entretemps an Europa d'Vetrauen an Europa op ganz ville Plazen emol net méi wotlech war an derniewent e richtegen Euroskeptizismus sech breetgemaach huet, war ee vun de groussen Incentiv fir dës COFE.

Derniewent koum natierlech d'Pandemie Covid-19. An dann nach eppes, wat all Mënsch immens

gestéiert huet, dat waren déi egoisteschen unilateral Schléissunge vun de Grenze vu verschiddene Länner, déi eis alleguerte ganz sauer eropgestouss hunn.

Dofir ass gesot ginn: „Elo kënnt e radikale Paradigmewissel, elo kritt de Bierger d'Wuert!“ De Bierger soll - an et ass scho gesot ginn - an enger Bottom-up-Strategie matrieden, e soll seng Wënsch, seng Ängscht, seng Perspektive bréngen, an et gëtt keen Diktat méi vu Bréissel. Well dat ass jo virdrun hei erausgeklongen, dass ganz oft Leit soen: „Bréissel ass wäit a mir kréie vun uewe gesot, wat mir solle maachen, a mir kënne net selwer decidéieren.“

Dunn ass also direkt Kontakt opgehollet ginn. Mir hunn eis organiséiert. Et ass schonn ugeschwat ginn, wat mer alles gemaach hunn zwëschen Panellen, Hearings, Hearing mam Jugendparlament, ganz agreabel Stammineeën oder Kaffisdëschgespréicher an natierlech déi ganz wichteg digital Plattform, wou d'Bierger konnten alleguerte matmaachen.

Als Haaptzil Dialog a geliefte Demokratie. De Bierger soll aktiv mat iwwert déi zukünfteg Konstruktioun vun Europa kënne schwätzen, dës am Respekt vun de Prinzipien vu Proportionalitéit a Subsidiaritéit.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP)** | Vu dass eis Chamber frou ass a gär bereet war, sech all dës Froen ze stellen, hu mer dat natierlech och intensiv an direkt mat grousser Freed gemaach.

D'grouss Erausforderung war natierlech, wéi oft an deene Geschichten - a mir hunn natierlech mat ..., Dir hutt matgehéiert, dass mat Momenten owes an de Cafésgespréicher net d'grouss Foule war -, d'Erausforderung vun der Kommunikatioun: Wat maachen, wéi kréie mer eis Bierger sensibiliséiert, motivéiert, fir an dësem Exercice vu participativer Demokratie matzemaachen?

Trotz Zäitdrock léisst d'Resultat sech weisen. Et ass hei scho beschriwwen ginn. Mir hate véier Prioritéiten, national, déi sech erausgeschiet hunn an den arbeitsgruppen. An dann déi zéng grouss Theemen, déi generell belicht gi sinn, wou Iddie gesammelt gi sinn a wierklech Propositionen gemaach gi sinn.

Mäi Kolléeg Gusty Graas wäert verschidde wichteg Theeme belichten. Ech wollt elo véier Punkten hei mat Iech duerchhuelen.

Dat Éischt ass Energie a Klima, oder Klima an Energie éischter, Wirtschaft a Soziales, dann de Rechtsstaat a véiertens d'Coopération territoriale transfrontalière, wat jo fir Lëtzebuerg extreem wichteg ass.

De Klimawissel, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass e konstant Suergekand vun eise Bierger. Dat hu mer duerch déi ganz lescht Méint dauernd gehéiert. Déi meescht vun de Bierger, dat ass och schonn hei ugeklongen, si radikal géint Greenwashing oder Ecoblanchiment, wéi dat elo am Kader vun der grénger Taxonomie vun der EU-Kommissioun beschloss ginn ass.

Dass Gas an haaptsächlech Atomenergie elo op eemol erëm sollen e gréng Mäntelchen ukréien a Fërdergelder kréien, dat ass sougutt fir eis Bierger, mee jo, och fir eis Regierung, en No-Go. An et soll jo zesumme mat der éisträichescher Regierung elo eng Klo an där do Hisiicht um Europäesche Gerichtshaff eragereecht ginn.

An ech erënnere drun, dass mer hei an dësem Haus am Dezember, den 8. Dezember 2021, à l'unanimité eng Motioun an där do Richtung ugehollet hunn.

E kloert Leitmotiv war awer och bei de Bierger, dass d'Klima an Inegalitéiten, Nohaltegkeet, Klimaschutz



net dierfen um Bockel vun de mannerbemëttelte Matbierger ausgedroe ginn, well dat géif an déi falsch Richtung goen.

Här President, a Saache Klimaschutz soll d'EU incitéieren, motivéieren, encouragéieren a wierklech positiv Alternative setzen a wa méiglech net bestrofen. Et solle Primmen a Subside gi fir déi Bierger, déi Entrepreneuren, fir all Mënsch, deen et richtig mécht. Et soll eng Politik sinn, fir d'Leit mat op de Wee ze huelen, fir ekologesch an naturgerecht ze liewen no dem Prinzip „do not harm“. Et soll och onbedéngt versicht ginn, d'Industrië mat op dee Wee ze huelen, hinnen Ureizer ze ginn, fir eebe just, dass se d'Limite vun den Emissiounswärter respektéieren an déi ekologesch Transitiooun mathëllefen esou schnell wéi méiglech ze errechen.

Anerersäits ass awer och streng gekuckt gi vun eise Bierger. De Principe vum Pollueur-payeur soll agesat gi fir déi Leit, déi d'Emissiounen net respektéieren. Dir wësst, mir hunn als Lëtzebuurger Land eng Decisioun geholl, fir dem CO<sub>2</sub> e Präis ze ginn: Wie verknascht, soll bezuelen!

Well d'CO<sub>2</sub>-Bepräisung awer och erëm eng Kéier déi mannerbemëttelt Leit voll kann treffen, ass jo ugeduecht ginn, dass et selektiv Hëllef gëtt, an notament d'Allocation de vie chère an och de Crédit d'impôt, dat ass jo schonn ugeduecht, dass dat leeft, fir do anzegräifen. An ech begreissen awer och d'Madamm Familjeminister, well de Moien hu mer ganz positiv Nouvellé kritt, dass elo nach verbessert gëtt, fir eebe just deene Leit, déi Risiken hunn, duerch déi ganz Energiepräisser an de Besoin ze kommen, ënnert d'Äerm ze gräifen.

E weidere Punkt: D'administrativ Chargé sollen onbedéngt reduzéiert ginn an d'Prioritéit soll op den Invest gesat ginn, fir dass déi Transitions écologiques fir d'Entrepreneuren ëmmer méi no kënnen réckelen.

E groussen Interventionssecteur, deen eis Matbierger natierlech ganz vill interesséiert huet, ass den Transport. All Mënsch ass dofir, fir déi nohaltig Mobilitéit ze fërderen. Do sti mir jo als Lëtzebuerg gutt do mat eise Primmen a Subside fir Vëloen, Pedelecken, E-Autoen, Elektroborne fir Privatleit an Entrepreneuren. Da soll den Ausbau vun dem Vëlospistnetz net nëmmen um Lëtzebuurger Territoire virugefouert ginn, mee och souguer an der Groussregioun, wou ganz schéi Vëlospiste sinn, wou een dat gutt kéint verbannen. Dir wësst jo och, dass bis 2030 ugeduecht gëtt, dass just nach emissiounsneutral RGTR-Busse sollen dorëmmer fueren.

Als DP ënnerstëtze mir all Zort vu Fërderung vu Foto-voltaik an natierlech och Wandenergie, sief dat am Land oder och elo an deem neie Projet vun den Energieinsele virun der Küst vun Dänemark, wou Lëtzebuerg jo soll Partner a Beneficaire ginn.

Mir begreissen och de Biergerklimarot, wou soll diskutéiert ginn a wou zesummen nei Iddien entwéckelt solle ginn. Eng Iddi vun eise Bierger war och, fir en Transeuropa-Expresszuch op de groussen internationalen Achse fueren ze loosse mat nëmmen e puer Halten, déi wierklech attraktiv wäeren, wou d'Leit sech da ganz schnell kéinte beweegen.

An dann den Transport public transfrontalier: Mir hunn effektiv e Problem, well mir hu 204.000 Frontalieren - leschte Stand elo virun e puer Deeg - an et erweist sech, dass se ëmmer méi Tendenz hunn, fir mam Auto op Lëtzebuerg schaffen ze kommen, well de Bussystem iergendwéi schlecht fonctionéiert. Dofir si jo elo grouss Efforte gemaach ginn an där Hisiicht, fir déi Kommunikatioun do ze verbessern. Dat heescht, et solle groussflächeg Park & Ride-Anlagen ugeluecht ginn, an der Groussregioun wéi och

am Land. A mir hunn och héieren, dass elo e Pilotprojet soll starte fir e gratis Transport „beyond border“ op Roussy-le-Village. Et ass awer nëmme „petit beyond border“, well et läit just déi aner Säit op der franséischer Grenz, mee et ass awer a Frankräich. An Dir wësst, wa Paräis decidéiert, dann ass et ëmmer schwier, an dat ass elo schonn e gudden Incentive.

Eng weider Hëllef, fir d'CO<sub>2</sub>-Emissiounen ze reduzéieren - an dat krute mer och vun eise Matbierger gesot -, dat ass, dass mer eis emol alleguerten erëm besënnen op eis gutt lokal Produkter, dass mer wierklech vill hei vu Lëtzebuerg, wann et nëmme méiglech ass, an och aus der Groussregioun kafen an esou eise Baueren an all de Maartleit och kënnen ënnert d'Äerm gräifen.

Da si Leit, déi soen, et missten onbedéngt verstärkten Taxen op den Net-EU-Produite kommen, déi hei an Europa erakommen, eebe just fir d'europäesch Wirtschaft ze schützen. Dat ass natierlech eng delikat Geschicht. Mee et ass jo elo e Mechanismus amgaangen ausgeschafft ze ginn op den EU-Bausse-Grenzen, fir de sougenannte Carbon Leakage ze verhënneren, wou net wirtschaftlech Aktivitéiten heemlech a Länner solle verluecht ginn, wou net esou streng Oplage sinn, fir dann eebe d'Ustrengung vun der EU-Kommissioun ze ënnergruuen.

Här President, wann een e kuerze State-of-Play mécht, wéi mer hei zu Lëtzebuerg stinn, da sti mer gutt do. Mir gesinn, wa mer zrëckkucken, dass mer eis Klimaziler 2020 erreecht hunn. Mir hunn 20 % manner CO<sub>2</sub>-Emissiounen par rapport zu 2005. D'Produktioun vun erneierbaren Energien ass säit 2013 verdreifacht ginn. Mee mir wëssen alleguerten: Et geet net duer, fir eist Land energiegesch genuch ofzesécheren.

Am Iwwerbléck: Mir hunn e Klimagesetz vum 15. Dezember 2020. Mir hunn eng Klimaplattform mat der Zivilgesellschaft. Mir hunn e Klimaobservatoire fir d'Wëssenschaft. Mir hu fënnf Plans sectoriels an, wéi gesot, déi interessant Kooperatioun mat Dänemark fir de groussen neie Wandpark.

Mee leider mécht de Klimawandel net virun de geopolitische Grenzen halt. Dofir muss onbedéngt op EU-Niveau massiv zesummeschafft ginn, fir dat ze verbessern. Mee Dir wësst, et ass net esou einfach: Do ginn et schonn Oneenegkeeten. Jiddefalls ass de Fazit, dass all Land soll matmaachen, seng Mesuren huelen, kucke wat machbar ass, kucken, wat et senge Bierger kann zomudden, och puncto Präisser, fir d'Iwwerbelaschtung eebe just ze evitéieren.

Eise grouse Problem ass natierlech: Wat maache mer dann elo notament aktuell an där Kris, fir dass mer genuch Energie kréien? Mir sinn nämlech relativ schnell gefuer, wann Der mer e bësselche pickeg Iwwerleeungen awer elo erlaabt. Mir wëllen d'Araber lassgi mat hirem Pëtrol, mir wëllen och de Putin lassgi mat sengem Pëtrol, wou mer awer kee kafen, wou d'Amerikaner awer bis dato massiv akaf hunn. Mee mir hanken total um Putin sengem Gas, well mir iwwer Europa verstreet - an och indirekt, well mer an engem belsch-hollännesche System dra sinn - awer nach 10 % vu russeschem Gas kréien. An déi Däitsch hänke mat 50 % an enger immenser Ofhängegkeet vum russesche Gas.

Dann duerf ee sech u sech net wonneren, wann d'Presidentin Ursula von der Leyen richtig rosen ass, dass de Putin elo scho säit Summer net nëmme seng Gasliwwerungen op den absolutte Minimum beschränkt huet, mee et och nach färdigbruecht huet, fir d'Gasreserve just iwwer dem konventionelle Minimum ze halen. An dofir huet et esou ausgesinn, wéi wann e schonn alles geplangt hätt. An et gëtt

natierlech gefaart, vu dass en eebe nëmmen de Minimum geliwwert huet, dass en dann awer staark driwwer nodenkt, jee nodeem, wat elo kënnt, fir de Krunn zouzedreien. An da riskéiere mer, vu dass et jo awer nach kal dobaussen ass, awer och hei an d'Laberanten ze kommen.

Dofir d'Ustrengung säit enger Zäit vun der EU-Kommissioun. An et gëtt héich Zäit - d'Presidentin von der Leyen huet et elo e puer Mol gesot -, dass mer massiv ufänken, Flësssegas LNG erbaizekréie vun anere Produzenten, wou mer déi Dependenz vu Russland erofkréien. Mir hunn elo schonn den Hafe vu Zeebrugge: Do si schonn déi néideg Installatiounen. De groussen Hafe vu Rotterdam ass och elo säit leschter Woch am Eiltempo amgaangen ze kucken, fir och do Flësssegasinstallatiounen hinzekréien. Da wär et an där Hisiicht och eng Iddi, well mir hunn extreem vill Gasleitungen, déi dorëmmer lafen, wéi gesot, vu Russland eriwuer, an d'Iddi ass och méiglech - well dat ass jo just eng aner Dimensioun an da muss ee kucken, fir och eng aner Dimensioun vun de Leitungen ze kréien -, dass mer en Deel vun eisem besteeënde Gasnetz direkt ëmfungéieren, fir de grénge Waasserstoff do doduerchzekéieren, well dat nämlech eis Zukunft ass. Waasserstoff ass wierklech dat, wat en Theema ass, fir dass mer eis an der Zukunft ofsécheren an dass mer net méi esou d'Dependenz hu vu Leit, déi eis à tout moment mat verréckten Decisiounen kënnen an den Eck drécken!

Här President, d'Energiepräisser klamme jo konstant. Mir wëssen dat. Momentan, wann ech mech erënnere, hänke mir zwar mam Bensinnspräis nach wäit vun deem vun 2014 ewech, mir sinn och nach wäit ewech vun den Engpäss an der Liwwerung vun der grousser Kris vun 1976, wou sech Verschiddener vun Iech drun erënnere, an dach ass et esou, dass eis d'Bierger alleguerten soen, an zu Recht: „Eis Portmonie ginn awer momentan immens strapazéiert.“

Dofir ass et extreem wichteg, dass mer eng sozial, selektiv Hëllef applizéieren, an déi ass jo ugeduecht, dass déi richtig Hëllef bei déi richtig Leit kommen. A wéi de Claude Wiseler et virdru scho gesot huet, a mir ënnerstëtzen dat voll, ass et akut, wa mer elo an e bësse méi roueg Gewässer kommen, dass mer hei och an deem Haus eng grouss Energiedebatt féieren, fir dass mer déi richtig Jalonen a Prioritéite kënnen setze fir eist Land.

D'Bierger hunn den Imperativ vun der Kompetitivitéit an der Produktivitéit vun eisem System verstanen. Si hätte gär eng staark Economie, mee si hätten och gär eng gerecht Gesellschaft an e gerechten Accès zu der Aarbecht.

Also de Modell ass an der Rei. Nach ass d'Suerg vun eise Bierger, dass de Mënsch weiderhin am Mëttelpunkt steet, well mir erausfonnt hu mat all deem, wat mer héieren, dass d'Inegalitéite leider ëmmer méi klammen. Dir hutt de berühmten Indice vun Gini vu Privation matérielle oder pauvreté. Dee fänkt un, a wierklech besuergniserreegend Paragen ze kommen. Dofir muss géigereagéiert ginn. An déi Inegalitéiten sinn amgaangen, ëmmer méi grouss ze ginn, net nëmmen intern an eise Staaten, mee och tëschent de Memberstaaten an haaptsächlech am Nordsüdgefälle an am Nordsüdostgefälle.

Dofir muss gehandelt ginn, well eng Suerg ass, dass d'Cohésion sociale erofgeet a souguer verluer geet, a mir wëssen alleguerten, wat da kënnt. Da komme Streiken, da komme Manifestatiounen mat ëmmer méi grousser Gewaltbereitschaft. Dir gesitt e bësselchen, wéi et war a Frankräich mat de Gilets jaunes. A Covid-19 huet dat jo och iwwerall verstärkt.



Et missten also - et gëtt vun eise Bierger gefrot, mee dat ass leider net esou einfach - op EU-Niveau d'Inegalitéiten an de Chômage bekämpft ginn. Mir wëssen awer, wéi d'Kompetenzen opgedeelt sinn. Da misst een e Kompetenz- a Moyaentransfer operéieren, an Dir wësst jo, mat der Oneenegkeet vun eise Memberen - quitte dass se de Moment besteet - ass dat net esou einfach.

Här President, wat awer den Accès op den Aarbechtsrechtsmarché ugeet, sti mir hei zu Lëtzebuerg gutt do mat eise Seculaire Conventions collectives, déi an eise performanten Aarbechtsrecht säit ganz laange Joren hei fir soziale Fridde suergen. Nach muss mer ëmmer oppassen, dass mer de sozialen Dialog suivéieren.

D'Bierger hätten och gär op EU-Niveau Krittären - an dofir sinn ech immens frou, dass eise Lëtzeburger Kommissär Nicolas Schmit do amgaangen ass drun ze schaffen -, fir dass an all EU-Memberstaat mol e soziale Mindestloun kann op d'Bee gesat ginn.

Dann ass eng generell Ufro do, dass d'Sécurité sociale soll verbessert ginn. Et gi jo verschidde Leit, déi soen, hei zu Lëtzebuerg hätt mer eng vun deene beschten op der ganzer Welt. Si ass jo och schonn al. Erënnert Iech, den däitsche Reichskanzler Otto von Bismarck huet se 1883 gegrennt a mir krute se 1901 an 1911 als Member vum däitschen Zollveräin a mir hu se esou verbessert, dass mir eng vun deene beschte Sécurité-socialen hunn. Nach kämpft de Comité des régions vu Bréissel scho säit Joren dofir, dass déi Sécurité sociale am Interêt vun de Frontaliere soll verbessert ginn, dat heescht, méi gerecht ginn.

Ech hunn Iech elo grad gesot: Mir hunn 204.000 Frontalieren hei zu Lëtzebuerg, déi op d'mannst aus dräi verschiddene Länner kommen. Wann een da Lëtzebuerg derbäihëlt, ass dat eng Risenaufgab, well da muss vërl Systemer mateneen harmoniséiert ginn.

Fairtrade ass och e grousst Thema bei eise Bierger. Mee wa mer elo wëssen, dass mer Problemer hu mat deenen ënnerbrachene Liwwerketten, fir eis Matière-premiären an och eis Semi-conducteurs erbaiekréien, dann ass dat en Thema, mee et ass de Moment e bësselche schwiereg.

Et wëllt kee Mënsch en anere Wirtschaftsmodell, mee et wëllt awer all Mënsch oppe Grenzen. Ech hunn et scho gesot: D'Libre circulation ass ee vun den Haaptwënsch vun eise Bierger. Si wëllen näischt méi esou, wéi mer et elo haten an der Covidzäit, mee si wëllen awer och keen europäesche Protektionismus. Dat geet hinnen u sech ze wäit.

D'EU bräicht erëm eng Kéier Championsprojeten. Erënnert Iech: den Airbus, Galileo ... Mir bräichten erëm eppes, wou mer immens kéinte punkten. Fir dat hinzekréien, misste mer dann awer vläicht massiv vun der Bréisseler Säit an d'Recherche, an den Developpement investéieren, wat leider net genuch de Fall ass. An dat iergert mech ëmmer esou, well wa mer esou virufuere wéi bis elo, da fuert mer och virun, dass mer andauernd 20 Joer hannert den Amerikaner hinken, vun de Chinesen iwwerhaapt net ze schwätzen. Iwwerleet Iech just, dass si schonn um 7G sinn, wou mir emol de 5G nach net richtig op d'Bee kréien!

Dann - an de Claude Wiseler hat dat schonn ugeschwat - ass et d'Ufro vun eise Bierger, fir eis Entrepreneuren an eis Banken ze schützen, dass d'EU-Kommissioun esou schnell wéi méiglech soll hir Reglementatioun op de Metier huelen, wat d'Fusioun vun den Entrepreneuren ugeet. Et gëtt gesot: „Firwat kënnen mir net eng riseg europäesch Bank kréie wéi déi grouss amerikanesch?“, an esou weider an esou virun. An dat ass, wéi gesot, en Thema, wou ee muss kucken.

Dann ass och gesot ginn - wat och hei schonn en Thema war -, dass eis Core-Businessen, déi mer am Kader vun der Globalisatioun ausgelagert hunn, erëm eng Kéier missten zrëckkommen op den europäesche Kontinent, denke mer nëmmen un d'Pharmazeutik, denke mer un d'medezinnescht a paramedezinnescht Material, fir dass net erëm eng Kéier e Kniefall muss kommen am Kader vun esou enger Kris, wéi mer se haten, e Kniefall viru China oder virun Indien. Mir brauchen déi wichteg Saachen zrëck!

Dann eppes, wat mech geiergert huet, wat ech regrettéiert hunn, an do hate mer och mat de Bierger eng Diskussioun driwwer: Dir wësst, dass jo dee riseg Plang vun NextGenerationEU, e Maxi-Opbau vun iwwer 750 Milliarden, proposéiert ginn ass, fir eeben eise Memberstaate virunzehëllefen. An da kënnt direkt d'Resistenz vu véier Länner: Holland, Éisträich, Dänemark a Schweden. Déi hunn direkt gesot, si géifen ze vill abezuelen. Dat erënnert mech - déi e bësse méi Eeler vun Iech kënnen sech vläicht nach drun erënnere - un d'Margareth Thatcher, wat ëmmer gesot huet: „I want my money back!“

Eise Premier Xavier Bettel huet awer am Kader vun den Debatten iwwert de Budget 2021-2027 ganz kloer gesot, ech zitieren, awer op Lëtzeburgeresch iwwersat: „Mir si bereet, als Nettozueler méi ze bezuelen, fir eebe just den europäesche Projet virunzekeréien.“ Fin de citation.

A wéi ech dann och nach de 16. Februar Follgendes héieren hunn, sinn ech awer bal vum Stull gefall, en hollännesche Ex-Finanzminister huet du vu sech ginn: „Wir müssen darüber nachdenken, den Euro zu verlassen.“ Fin de citation. Also, Dir Hären allegueren, Dir Dammen, wannechgelift, erëm eng Kéier zrëck zu der europäescher Solidaritéit!

**Une voix | Très bien!**

**Mme Simone Beissel (DP)** | Elo zum Rechtsstaat. Dir wësst, dass de Rechtsstaat ee vun de Grondpfeiler vun dem europäesche System ass. Et ass d'Akzeptanz, de Respekt an d'Soumissioun vun all den Autoritéiten, all de Pouvoiren zu der Rechtsnorm, dem Droit, den Traitéeen, Direktiven, Reglementen an natierlech der europäescher Mënscherechtskonventioun. Eng fräi Press, en total independente Justizsystem sinn d'Basiskonditiounen vun engem Rechtsstaat.

Mir hunn awer elo matkritt, dass et entre-temps e puer États dits „illibéraux“ gëtt an dass leider och de Rechtsextremismus an de Populismus amgaange sinn, massiv ze klammen. Dofir ass et ganz gutt fir de Rechtsstaat, dass d'Klo vun Ungarn a vu Polen - si hu jo gesot, d'EU-Kommissioun, déi jo haaptsächlech hir intern Machtpolitik kritiséiert huet, géif hir Kompetenzen iwwerschneiden an dat géif se näischt ugoen - vum Europäesche Gerichtshaff um Kierchbiereg zrëckgewise ginn ass.

Si hätte gär alles: Si hätte gär d'EU-Gelder a si hätte gär intern total Fräiheet, fir voll momentan an d'20. Joerhonnert zrëckzefalen: limogéiert Press, politiséiert Justizapparat, d'Erniddregunge vu Minderheeten, vu Mënsche aus der LGBTQ+-Communautéit. Dat ass jo entre-temps esou schlëmm ginn, dass déi Thematik an de Schoulen iwwerhaapt emol net méi dierf behandelt ginn an am léifsten emol net méi erwäant ginn. Wou si mer?

An doniewent ass och e verschäerft Avortementsgesetz géint d'Roserei vu ganz ville polnesche Fraen erëm eng Kéier a Kraaft gesat ginn. Dat huet d'Fräiheeten immens beschnidden an et ass schonn op d'mannst eng Damm gestuerwen opgrond vun deem Gesetz.

Glécklecherweis huet elo de Gerichtshaff um Kierchbiereg do en Halt gemaach. Et ass och fäerdeg mam Cherry Picking. Si hätten nämlech gär alles. Dat ass déi berühmten englesch Maxime, déi Der bestëmmt kennt: „You can't have your cake and eat it, too.“

**Une voix | Très bien!**

**Mme Simone Beissel (DP)** | Hoffentlech verstet se et, well d'Presidentin von der Leyen huet an deem ganze Kontext gesot, och fir sech ze wieren: „Auch der europäischen Haushalt muss geschützt werden“, an da geet et virun, an dann Enn vum Satz: „gegen das Aushebeln der Demokratie.“ Ech mengen, dat war e ganz kloer Message a Richtung vun deenen zwee Länner. Et kann een an der haiteger Stëmmung just hoffen, dass se sech elo hoffentlech wäerte packen.

Elo nach just e puer Wieder zu der Coopération territoriale transfrontalière. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn zu bal 450 Milliounen hei an Europa an dodran hu mer 18 grenziwwerschreidend Groupements européens de coopération territoriale ënner Form vun Euregioen oder Interreg-Systemer, déi zesumme wëllen déi grenziwwerschreidend Problemer ugoen, eebe well se gespiert hunn, dass dat méi effikass ass.

Bon, ech hu jo jore matgehollef, drun ze schaffen: Et ass schwiereg. Wéi virdu gesot ginn ass hei vum Claude Wiseler a vum Mars Di Bartolomeo: Paräis ass mat Momenter zéngmol méi wäit wéi Bréissel, wa mussen Decisiounen geholl ginn. Mir hunn awer op Lëtzeburger Säit mat grousssem Ach a Krach de GECT, de Groupement économique de coopération territoriale Uelzecht, also Alzette-Belval, op d'Bee kritt, wou véier Lëtzeburger Lokalitéiten an aacht franséischer dra sinn. Et ass op d'mannst emol en Ufank, well effektiv, déi Saach vun der Santé publique an engem transfrontaliere Spidol géif absolutt Sënn maachen.

D'Verfechter vun deene GECTen, vun deene Gruppementen hätte gär fir virunzekommen, dass endlech - an dat gëtt scho jorelaang gefrot - déi ganz Gruppéierungen do e reelle rechtlichen europäesche Statut géife kréien. An notament hätte se gär Plans d'urgence et de crise, notament a Saachen Iwwerschweemmungen, Rettungsdéngschter, Santé publique, bon, och am Sport an am Transport, an dat géif alles Sënn maachen, awer ënnert där grousser Konditioun, Här Ausseminister, dat mécht Iech bestëmmt Freed, allegueren déi Gruppementen soen dat, Conditio sine qua non, datt d'Grenzen op bleiwen zwëschent eis, egal, wat geschitt. Also, affaire à suivre!

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hu Fiduz an d'EU, elo an och an Zukunft. D'Zäite sinn zwar schwiereg, an ech mengen, mir héieren et hei vun alle Bänken haut de Mëtten, dass mer mussen zesummenhalen an zesummeschaffen. Dofir war et fir mech eng Eier an e grouse Pleséier, fir an dëser Grupp matzehëllefen, onse Matbierger dee grouse Friddens-, Fräiheets- a Liewensqualitätsprojet méi no ze bréngen. Dofir soen ech Iech Merci fir Äert Nolauschteren.

**Une voix | Très bien!**

**M. Marc Spautz, Président de séance** | Merci der honorabelen Madamm Beissel. Den nächsten geschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Merci, Här President. Fräi nom Claude Wiseler wëilt ech als iwwerzeegten Diddelenger, Lëtzeburger an Europäer dem Yves Cruchten en härezeche Merci soen an der ganzer Ekipp, ob Deputéierten oder Mataarbechter vun der Chamber, an de Bierger, déi mat un deem



heiten Dialog deelgeholl hunn, fir hir exzellent, weeweisend Aarbecht op engem Wee, dee mer weider musse goen, well et e vertrauensbildende Wee ass. An dat brauche mer! Dat brauche mer am Moment, well dësen Debat, dee fënnst zu engem Zäitpunkt statt, wou d'EU weinst deene Krisen, déi mer de Moment erliewen, méi wéi jee erwaart gëtt.

Dat gëllt fir d'Klimakris, dat gëllt fir d'Gesondheetskrisen, fir déi jëtzege an déi, déi sécher nach komme wäerten. Dat gëllt och fir déi Katastroph, déi mer am Moment an der Ukrain erliewen, eng Katastroph, wéi mer se zënter 80 Joer net méi erlieft hunn an déi derzou féiert, dass mer déi geféierlechste Situatioun zënter dem Zweete Weltkrich hei an Europa erliewen. An et erënnert munches, wat d'Haaptrollen ugeet, un dat, wat mer virun 80 Joer erlieft hunn, fir net méi doriwwer ze soen, a fir kënne Parallele festzehalen, wat ee Mënsch mat senger Getreie ka fir onsäglech Onheil bewierken.

Grad an där Situatioun ass et wichteg, dass mer zesummezéckelen. An ech muss soen, dass déi Diskussioun vum de Mëtten en Exempel dofir sinn, wéi mer a schwéieren Zäite kënne zesummestoen, iwwer parteipolitesch Grenzen eraus. Dat deet gutt, an et ass och gutt, dass deen éischte grad ewéi deen zweeten Debat dat ënnermaueren.

Nun ass et schwéier, fir vun där schwiereger Situatioun, déi mer am Moment erliewen, eriwuerzelsch wäiten op méi eng mëttel- a laangfristeg Vue, wéi eist Europa sech soll entwéckelen. Nach ass et wichteg, dass mer dat maachen, well d'Problemer, déi mer kennen, ginn och weider während Gesondheetskrisen an anere Krisen.

Mir mussen eis also zesumme mat eise Bierger Gedanke maachen, wéi mer dee formidabele Projet Europa kënne weiterentwéckelen, wéi mer kënne derzou bäidroen, et e weider ze verbesseren, well do gëtt et sécherlech nach Loft no uewen.

D'Europäesch Gemeinschaft, dat wësse mer, dat héiere mer ganz oft, steet oft an der Kritik fir Saachen, déi se net bréngt oder déi eis net gefalen, well se net eng, mee widdersprécklech Meinungen huet oder net do handelt, wou mer et erwaarden. Bei all deem dierfe mer awer net vergiessen, dass d'EU eis jo bis elo Fridde bruecht huet, Fridden, dee gehalten huet, mat Krisen, déi mer och scho virun am Balkan kennt hunn, mee déi awer net déi Explosivitéit haten, déi mer elo gesinn.

D'EU huet eis méi oder manner grouse Wuelstand, Stabilitéit a Prosperitéit bruecht. D'Accorde vu Schengen erlaben eis et, fräi ze reesen. Mir hunn d'Fräiheet ze decidéieren, wou mer liewen, schaffen oder studéieren wëllen. Mir hunn eng sozial Maartwirtschaft mat vill Loft no uewe fir dat Soziaalt. An d'Errungenschaften vum der EU sinn der sëlleg, mee et bleift e „work in progress“. An dee „work in progress“, dee wënnst dodrun, wa mer déi Erausforderungen zesummen ugin.

Wa mer also wëlle virukommen, brauche mer d'Bierger an deem europäesche Boot. Mir musse se mat abannen a mir dierfen hinnen net den Androck hannerloossen, dass uewe schonn alles decidéiert ass, wann et bis ënnen ukënnst. Dat ass net gutt fir dee Projet, deen e gemeinschaftlechen, e gemeinsame Projet muss sinn!

D'Institutionen brauchen d'Vertraue vun de Leit an dofir dierfe mer och der Desinformatioun keng Chance loossen. Mir hu gesinn, wéi eng Konsequenze falsch Informatiounen kënne hunn. Et féiert zu engem Opschwung vum Populismus, Euroskeptizismus, Eurogëignertum, Brexit a ganz geféierlechen Evolutiounen an der Coronakris. An deem stellt ee sech am beschten

entgéint am Dialog, am direkten Dialog, net duerch déi véiereckeg Këschen, mee am direkten Dialog mat de Bierger. An ech muss soen, dass dat, wat an deene leschte Méint ënnert der Regie vun der Chamber geschitt ass, absolut dee richtige Wee ass.

Deen een oder anere Mondwénkel huet sech verzunn, wéi vu Bistrosgesprécher geschwat ginn ass. Mee jo, mir sollen d'Leit do ofhuelen, wou se sinn! An et ass wichteg, dass mer bei d'Leit ginn an net duerch d'véiereckeg Këscht, interposé, mat hinnen dialogéieren. Ech géif mer wënschen, dass mer insgesamt mat de Bierger iwwert déi national Problemer, mee awer och iwwert déi europäesch Problemer nëmmen hallef esou laang géife kommuniquéieren, wéi mer all Dag mat de soziale Medie kommuniquéieren. Da wäere mer vill besser gestallt, wéi wa mer just op Knäppercher, op „liken“ an op „disliken“ drécken.

Et ass also vun essenzieller Bedeitung, dass mer d'Bierger mat an d'Entscheidungsprozesser kënne abannen, dass se novollzéie kënne, wat hir Vertrieeder hei am Land an och an Europa preparéieren an decidéieren. Et geet net duer, dass d'Leit all fënnf Joer hir Nationalvertrieeder an hir Europavertrieeder wielen. Et ass wichteg, dass dat e permanente Prozess ass, e permanenten Dialog, fir dass mer gewuer ginn, wat d'Leit sech wënsche vun deem europäesche Projet, dass mer de Bols kënne fillen an dass mer net nëmmen nolauscheren, mee och héieren - ganz wichteg! -, fir de Leit och ze weisen, dass mer se net nëmme gesinn hunn, dass mer net soen, dass et gutt ass, dass mer driwwer geschwat hunn, mee dass mer soen, dass et wichteg ass, dass mer och d'Konklusiounen doraus zéien an dat maachen, wat sech opdrängt.

Ouni Iwwerraschung ass aus där Biergerbefragung erauskomm, wéi wichteg de Leit am Alldag déi oppe Grenze sinn, eng vun deenen Haaptarrungenschaften vum eise gemeinsamen Europa. An déi Wichtigkeet vun deenen oppene Grenzen, déi mer vläicht net méi esou gesinn hunn, well et eng Selbstverständlechkeet war, ass erëm voll zum Virschäi komm doduerch, dass d'Covidkris, d'Viruskris, d'Gesondheetskris eist eeglecht Liewen op d'Kopp geheet hunn, ënnert dem Virwand vun där sanitärer Kris. D'Kris war kee Virwand, mee huet awer als Argumentatioun gedéngt, fir streckeweis an Europa eng Rei vu Grenzen während enger gewëssener Zäit zouszemaachen. Déi fräi Zirkulatioun war op eemol net méi garantéiert.

D'Zoumaache vun de Grenzen huet de Bierger an der Groussregioun signaliséiert, datt op europäeschem Niveau en Dysfonctionnement besteet. Wéi kann et sinn, dass esou eng wichteg Errungenschaft vum der EU esou séier kann eesäiteg vu Memberstaate gekippt ginn? Wat ass d'EU nach, wa grondleeënd Acquisen net méi gëllen? Et goufen also zäitweileg Grenzen zougemaach, mee, an dat muss een awer och soen, et si während der Viruskris an elo während der Ukrain-Kris aner Grenzen ofgebaut ginn oder si wäerten ofgebaut ginn. Op eemol gouf et erëm dat Mateneen, dat mer eis esou oft gewënscht hunn, an op eemol sinn d'Membere vun der EU - vläicht nach net genuch - méi no zesummegezéckelt.

D'Gesondheetskris liwwert eng ganz Rei vu Beispiller fir dat Zesummezéckelen, d'Simone Beissel duet drop higewisen, ech brauch net am Detail dorop zréckzegoen: Echangen tëschent Kliniken, Hëllef beim Material. An deem Kontext wëll ech och ausdrécklech begrëssen, dass eisen Ausseminister sech weider fir dee sougenannte „Crossborder-Mechanismus“ setzt. D'Iddi vun deem Mechanismus ass et, Gesetzer vun engem anere Memberstaat punktuell kënne unzewenden, fir grenzüwwerschreidend Operatiounen administrativ a juristeschech ze erméiglechen oder ze

vereinfachen. De Jean Asselborn hat déi doten Iddi schonn 2015 während der Lëtzeburgerger Presidence lancéiert an déi gouf elo erëm opgegraff.

Et ass wënschenswäert, dass de Schock vun deenen zouene Grenzen zu enger Verstärkung vun der europäescher Integratioun an zu besserer Reegelen an deem Beräich féiert. Aus dem Eurobarometer, deen am Mee zejoert verëffentlecht ginn ass, deen also d'Meenungsbild vum der EU gezeecht huet, just ier d'Konferenz lassgaangen ass, geet ervir, datt aacht vun zéng Europäer - 81 % - fannen, dass d'Konferenz sech misst dermat beschäftegen, wéi d'EU Krise geréiert.

An da sinn ech schonn direkt bei deem zweeten Punkt, der Santé, déi bis elo net zu de Prioritéite gehéiert huet a bis elo an der exklusiver, quasi exklusiver, Verantwortung vun deenen eenzelne Länner läit.

Besonnenesch am Kontext vun der Pandemie, enger internationaler Gesondheetskris, ass et immens problematesch fir d'Bierger, datt all Land seng eege Reegelen aféiert, ouni dass se op europäeschem Niveau anstänneg koordinéiert ginn. Dëst suergt dacks fir Onkloerheeten. Fir op zukünfteg Krise besser virbereet ze sinn, fir méi effikass ze sinn a méi séier kënne ze reagéieren, mussen elo déi néideg Dispositiounen en place gesat ginn.

Erlaabt mer, just e puer Iwwerleeungen zu deem ze maachen, wat ech zudéist bedauern, wat d'Gestioun vu Gesondheetskrisen ugeet.

D'Decisioun ass gefall, fir d'Chafea, déi fréier europäesch Gesondheetsagence, hei zu Lëtzebuerg ofgezéien. An där Chafea setzen a souze Pionéier vun der éischter Zäit an der Gestioun vu Gesondheetskrisen. Déi Leit hunn eng formidabel Aarbecht geleescht. Elo, wou d'EU massiv Mëttele gëtt, wirklech massiv Mëttele, fir d'Gesondheetskrisen ze geréieren an d'Gesondheet an der Europäescher Unioon weider ze verbesseren, gëtt eng nei Agence geschaaft, d'HERA, déi hire Siège zu Bréissel huet. Dat ass e Schlag an d'Gesicht vun deene Leit, souwuel an der Chafea wéi och an deem Gremium, deem mer Senneng zur Verfügung gestallt hunn, fir d'Krisgestioun ze maachen. Et ass e Schlag an d'Gesicht vun deene Leit! Et ass och e Schlag an d'Gesicht vun deene Leit, déi sech un alles gehalten hunn, fir Lëtzebuerg als staarke Siège vun der Europäescher Unioon ze festegen.

Mir sollen also vun där Gesondheetsdiskussioun, déi mer elo an Europa hunn, profitéieren, fir och do „enfoncer le clou“ an ze soen, dass et net esou ass, dass „der Mohr seine Schuldigkeit getan hat“ - entschëllegt mer de „Mohr“, ech kann och soen, d'Chafea an hir Leit hir Schëllegkeet gemaach hunn. Mee elo, wou et gutt geet, kënne se goen, an déi, déi kommen, kréie ganz aner Mëttele wéi déi, déi sech hei wirklech extreem Méi ginn hunn, fir a schwéieren Zäiten dat Boot an der Riicht ze halen!

Ech sinn extreem enttäuscht doriwwer, well ech déi Leit do och alleguer kennen, well ech stellverriedend den John Ryan wëll nennen, deen Direkter ass vun der DG Santé hei zu Lëtzebuerg, deen eng formidabel Aarbecht gemaach huet hei zu Lëtzebuerg fir Europa. Et ass ee vun de Pionéier an en huet dat dote mat senger Leit absolut net verdéngt! A wann et sollt Ursache ginn, firwat dass eenzel Agencen net méi wëllen oder sollen zu Lëtzebuerg fonctionéieren, da mussen mer op déi doten Ursache reagéieren!

Eng vun deenen Ursachen ass, dass an de Käpp vu munche Leit nach d'Meenung ass, dass déi Leit vun den europäeschen Institutionen, déi hei schaffen, onméissig Privileegien hunn an déck bezuelt ginn.



**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Dat ass net wouer!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Dat ass net wouer! Et gëtt eng ganz Rei vun europäesche Mataarbechter, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, déi ënner méi schlechte Konditiounen hei schaffen wéi eis eege Leit. An do musse mer zesummen dru schaffen.

Am Ufank vun där Gesondheetskris huet sech gewisen, dass d'EU net gerüst war, fir déi noutwendeg Versuergung, ënner anerem mat esou banale Saachen - virun zwee Joer huet een dat nach gemengt! - wéi Masken oder, och do hu mer iwwerhaupt net dru geduecht, Tester, ze garantéieren.

Fir ze verhënneren, dass d'EU an Zukunft am medezinnesche Beräich vun aneren ze staark ofhängeg ass - an do sinn ech där selwechter Meenung wéi d'Simone Beissel -, musse mer en Deel vun de Liwwerkette vu medezinneschem Material an d'EU, an Europa zrëckféieren.

D'Autonomie vun der EU am Allgemenge muss thematiséiert ginn, well d'EU muss aussepolitesch an energieesch op eegene Féiss kënnen stoen, fir hire Bierger Stabilitéit bidden ze kënnen.

Duerch d'Pandemie ass och den Zoustand vum Gesondheetssektor europawäit belicht ginn an eng Partie Defiziter, ënner anerem opgrond vu Budgetkürzungen, déi a verschidde Länner an deene leschte Jore gemaach gi sinn, Privatiséierungen, déi gemaach gi sinn, d'Ofwendung vum Solidaritéitsprinzip, déi gemaach ginn ass - glécklecherweis net hei zu Lëtzebuerg, hei ass de Solidaritéitsprinzip intakt -, ganz grouss Lacunnen, sinn do opgedeckt ginn.

D'Wichtigkeet vun der Aarbecht, déi d'Gesondheetsan d'Fleegepersonal leescht, ass eis verdäitlecht ginn an et ass kloer ginn, dass dës Aarbecht muss méi valoriséiert ginn, hei zu Lëtzebuerg, mee awer och an deenen aneren europäesche Länner, wou d'Leit aus deene Secteuren heiansdo en masse fortlafen, well hir Aarbechtskonditiounen net zoumutbar sinn an hir Bezuelung net ugepasst ass zu deem, wat se leeschten.

Wa mir haut vun engem Europa vun der Gesondheet schwätzen - an do musse mer Kloertext schwätzen -, da kann dat net méi Merkantilismus am Beräich vun der Santé heeschen, méi, jo, Gewënnendenke vun eenzelnen Acteuren an der Santé, mee méi Solidaritéit, méi universellen Zougang. Wéi gesot, mir hunn deen, mee dat ass nach laang net an alle Länner garantéiert.

Aus de Gespréicher mat de Bierger am Kader vun der Konferenz huet sech erausgeschield, dass de Kaf vu Vaccinen duerch d'Kommissioun als europäesch Reussite wouergeholl ginn ass. Am Zesummenhang mat de Vaccine kann een och soen, dass de COVAX-Mechanismus eng bedeitend Solidaritéit mat anere Regiounen vun der Welt, déi méi schlecht dru si wéi mir, gewisen huet. Dëst ass dee richtege Wee, well nëmme mat enger ganzheetlecher Approche kënnen mir géint Gesondheetskris kämpfen, déi definitiv keng Grenze kennen. Souguer wann d'Balken erfoginn, d'Gesondheetskris kennen déi Balken net. An dofir musse mer zesummen dogéint virgoen.

Leider huet d'Pandemie déi bestoend sozial Inegalitéiten an alarmant Entwécklungen, wat d'Schéier tëschent Aarm a Räich ugeet, nëmmen nach weider verstärkt. Dat gëllt weltwäit, europawäit an och op nationalem Niveau. Aarm Leit, Leit, déi a sozial benodelegte Regiounen liewen, an ethnesch Minoritéiten waren iwwerproportionell vu Covid-19 betraff.

An hei, wéi an anere Beräicher, muss Europa säi soziaalt Gesiicht erëm weisen. Dat soziaalt Gesiicht

war vill ze laang vun engem Austeritéitsgesiicht verdeckt, verstoppt. Glécklecherweis sinn an deene leschten, géif ech soen, bal zéng Joer - och ënnert dem Impuls vum Kommissiounspräsident Jean-Claude Juncker, an elo fortgesat ënnert dem Lëtzeburger Kommissär fir Soziales, dem Nicolas Schmit - wichteg Akzenter a Saache méi e soziaalt Europa gesat ginn.

D'Bierger an d'Zivilgesellschaft, déi un de Panele vun der Chamber deelgeholl hunn, hu gesot, dass et hinne Suerge mécht, dass déi sozial Ongläichheeten tëschent Aarm a Räich, tëschent de Memberstaaten an innerhalb deenen eenzelne Länner ëmmer méi grouss ginn. D'Inegalitéit mussen op allen Niveaue reduzéiert ginn. Och aus dem rezenten Eurobarometer vun der Kommissioun a vum Europaparlament vum Januar 2022 geet ervir, dass 36 % vun den EU-Bierger an 38 % vun de Lëtzeburger Residenten d'Inegalitéiten als déi gréisst Erausforderung fir d'EU wouerhuelen, selbsterständlech niewent deem aneren enorm groussen Defi, deen de Klimawandel duerstellt. Den Yves Cruchten ass méi laang dorop agaang, dofir wëll ech mech express op dee méi soziale Volet beschränken.

An dësem Zesummenhang hunn och 40 % vun de befroete Persounen EU-wäit ugin, dass d'Konferenz fir d'Zukunft vun Europa sech prioritär misst mat de Sujete méi staark Ekonomie, sozial Gerechtegkeet an Aarbecht ausernanersetzen, wat mir hei zu Lëtzebuerg och gemaach hunn. De Message ass fir mech ganz kloer: D'Bierger wënsche sech méi e soziaalt Europa, dat se schützt, dat se net nëmme virun Aggressiounen vu baussen, mee och an hirer Existenzsicherheit schützt a se och schützt viru Klimakatastrophen, well dat Ganzt hänkt alles zesummen. Solidaritéit beschränkt sech net nëmmen op dat Soziaalt, Solidaritéit huet och Verästelungen an d'Klima eran an an d'Sicherheitspolitik am groussen Ganzen eran.

Konkreet fuerderen d'Bierger hei zu Lëtzebuerg, mee och an der EU méi sozialen Zesummenhalt, adequat Salären, besser Aarbechtskonditiounen, besser Kollektivverträge, manner Ongläichheeten tëscht Männer a Fraen souwéi den allgemenge Kampf géint d'Aarmut, awer insbesondere och de Kampf géint d'Working Poor an de Kampf géint d'Aarmut bei de Kanner.

D'Kommissioun, muss ee soen, ënnerehlt jo och eng Partie Mesuren, déi an d'Richtung vun de Fuerderungen vun de Bierger ginn.

Als Éischt géif ech gär op de Plan d'action du socle des droits sociaux hiweisen. Ech hu virdru schonn op d'Originen higewisen, wou d'Kommissioun ënner portugisescher Presidence 2021 dräi Haaptziler fir 2030 presentéiert huet.

Dat éischt Zil betrëfft d'Beschäftegung. Bis 2030 sollen 78 % vun der Populatioun tëschent 20 a 64 Joer eng Aarbecht hunn. Am drëtten Trimester 2020 louch d'Beschäftigungsquot bei 72,4 %. No enger konstanter Entwécklung an deene leschte Joren huet d'Pandemie eis hei zrëckgeworf, net iwwerall, mee awer an enger Rei vu Länner.

Dat zweet Zil gesäit vir, dass wéinstens 60 % vun den Erwuessenen all Joer un enger Formatioun deelhuele kënnen. 2016 waren et just 37 %. Lifelong Learning ass net nëmme virdeelhaft fir den Eenzelnen, mee bekämpft och d'Ongläichheeten tëscht Männer a Fraen um Aarbechtsmaart a féiert ze enger besserer Inklusioun duerch d'Aarbecht.

Dat drëtt Zil wëllt d'Zuel vu Mënschen, déi an Europa dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn oder riskéieren, sozial ausgeschloss ze ginn, ëm 15 Milliounen reduzéieren - ëm 15 Milliounen reduzéieren! Da gesitt

Der, wéi vill der dorënner leiden, well déi 15 Milliounen, dat ass nëmmen en Deel do dervun. Dat ass eng Zilsetzung, eng Zilsetzung mëttelfristeg. Duerno bleift nach enorm vill ze maachen. 2019 waren 91 Milliounen an der EU engem héije Risiko fir Aarmut oder sozial Exklusivitéit ausgesat, dovu knapp 18 Milliounen Mannerjäreger. Et ass dat, wat ee kéint e Skandal nennen, en europawäite Skandal!

De Lëtzeburger Kommissär fir Aarbecht a sozial Rechter, den Nicolas Schmit, leescht hei eng beispillhaft Aarbecht. Am Vierdergrond steet fir hien d'Aféierung vun engem adequate Mindestloun an der EU, selbsterständlech ofgestëmmt mat de Moyenen, déi déi eenzel Länner hunn. „One size fits all“ geet net, well d'ekonomesch Situatiounen verschidde sinn.

Am November 2021 ass eng éischt Propos fir eng entsprecheend Direktiv deponéiert ginn. D'Direktiv verfolge vëier konkreet Ziler: d'Förderung vun den Tarifverhandlungen, d'Verpflichtung vun de Membere, fir eng Partie vu Prozeduren ze respektéieren, déi bestëmmen, wéini a wéi d'Memberstaaten de Mindestloun festleeën. Dat drëtt Zil ass, dass d'Memberstaate sech verpflichten, Mesuren ze ergreifen, fir den effektiven Accès zum Mindestloun fir d'Salariéen ze verbesseren. An dat lescht Zil ass ze assuréieren, dass der Kommissioun déi noutwendeg Donnéeën iwwermëttelt ginn, fir datt se kann iwwerwaachen, ob de Schutz, deen duerch de Mindestloun gewäert gëtt, och gewäert ass.

Wichtig bleift an deem Zesummenhang och d'Weiderféierung vun der Garantie jeunesse, well déi Jonk ganz oft déi éischt sinn, déi vun der Aarbechtslosigkeit bedrot sinn, well se keng Erfahrung hunn. Mee wéi solle se Erfahrung kréien, wa se keng Aarbechtsplaz kréien?

Am Kader vum Socle européen vun de soziale Rechter huet d'EU 20 Grondsätz ausgeschafft, déi de Wee fir e staarkt soziaalt Europa guidéieren. Op dëser Basis schafft d'Kommissioun un e sëllege Mesuren, dorënner zum Beispill d'Direktiv zu den digitale Plattformen, déi envisagéiert, d'Aarbechtskonditiounen fir déi Leit, déi iwwer digital Plattformen schaffen, ze verbesseren. Do stellt sech selbsterständlech och d'Fro vun der Teleaarbecht, vum Recht op Deconnexion. Well, jo, Dir wësst, et gëtt Leit, déi mengen, dass ee vill besser drun ass, wann een doheem schafft, wéi wann een op der Aarbecht, op der Aarbechtsplaz ass. Dat ass awer net ëmmer de Fall, well do geduecht gëtt ... Déi Leit sinn net nëmmen acht Stonnen, mee déi si siwen Deeg op siwen an ëmmer dann, wann et engem afällt, disponibel. Dofir, d'Recht op Deconnexion ass och extreem, extreem wichtig!

Här President, Kolleginnen a Kollegen, vun dem Dialog mat de Bierger geet och eng kloer Fuerderung no méi Demokratie an der EU aus. Och wann d'Efforte vun der EU an d'Richtung vun deem ginn, wat d'Bierger sech erwaarden, ass dat net ëmmer de Fall an handelt d'EU - jiddefalls d'Institutiounen oder eng vun den Institutiounen, ma „Institutioun“ ass dat falscht Wuert, d'Kommissioun - net ëmmer deement-sprechend.

Eent vun deene flagrantste Beispiller vun enger Decisioun vun uewen no ënnen, wou ënnen net gefrot ginn ass, dat ass de Greenwashing vun der Atomenergie, vu Gas, déi sougenannten Taxonomie. Ech fannen, dass een déi Diskussioun hätt kënnen féieren, awer mat de Leit, an net schonn eng Decisioun preparéieren an da soen: „Jo, elo schwätze mer mol vläicht doriwwer.“ An ech mengen, et kann een iwwer alles diskutéieren, mee awer net d'Diere schonn zouklappen, ier ee se iwwerhaupt opgemaach huet.



Zur Konklusioun, déi mer aus deem Dialog mat de Bierger zéien: Dat Soziaalt, dat Ökologescht soll op dee selwechten Niveau gesat gi wéi d'Kompetitivitéit an dem Marché unique. D'Bierger verlaangen en Europa, dat se schützt. Wann dat Europa se schützen soll, da brauche mer keen Europa vun der Kakofonie. Mee mir brauchen en Europa, dat zesumme streit, am nobelen Term, am nobele Sënn vum Wuert, mee dann awer zu gemeinsamen Decisioune fäeg ass. Si erwaarden, dass dat Soziaalt op dee selwechten Niveau gesat gëtt wéi d'Kompetitivitéit an de Marché unique. Déi 20 Grondsätz vun de soziale Rechter müssen d'selwecht am EU-Recht verankert ginn ewéi déi véier Grundfräiheete vun der EU.

Am grouse Ganze begrëssen ech, zesumme mat menger Fraktioun, datt d'Konferenz fir d'Zukunft vun Europa organiséiert ginn ass. An ech begrësse virun allem dee groussen Effort, dee gemaach ginn ass. An och wann et eenzel Reunioune gouf, wou elo net e Massenoplaf war: Et ass derwäert, dass mer op deem dote Wee weiderfueren an dass et net bei enger One-Shot-Aktioun dierf bleiwen. Et ass wichteg, datt d'Contributioune vun de Bierger eescht geholl ginn an datt hinne gewise gëtt, datt hiren Effort zesumme mat hiren Interlocuteurs keng verlueren Zäit war.

Et soll net déi leschte Kéier sinn, wou de Bierger zu EU-Sujete consultéiert gëtt. Et kéint ee sech zum Beispill virstellen, dass een an enger allegéierter Form bei punktuell grouse Chantieren och d'Leit gezilt consultéiert. Dat ass vertrauensbildend. An dat Vertraue brauch d'EU an deenen haitege Krisenzäite méi wéi jee!

Dat gesot, soen ech Iech, virun allem deenen, déi un deem Dialog hei matgeschafft hunn, e ganz härezele Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci, dem honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Déi nächst ageschriwwen Riednerin ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Europa an d'Welt befanne sech aktuell an enger Situatioun, déi keen esou virausgesot hätt. A mat all de berechtigten Suergen, déi mer eis maachen a mam Fait, dass aktuell all Aemierk an all d'Efforte Richtung Ukrain ginn, fällt et engem effektiv schwéier, sech elo aneren Dossieren ze widmen. Villes kënn engem och e bësse vir, wéi wann et net dee richtege Moment derfir wier, mee d'Aarbechte ginn iwwerall weider. An ech mengen, mir müssen och elo fir eis festhalen, dass et elo grad inevitabel ass, mat enger Multitude vu Gefiller konfrontéiert ze sinn: Angscht, Hoffnung, Trauer fir deen Zoustand, an deem mer eis grad befannen, deels och e schlecht Gewëssen, dass een hei Business as usual ka maachen, an Dankbarkeet fir dat, wat mer hei hunn. Dankbarkeet och, dass mir heibannen esou privilegiéiert sinn, eis haut an hei kënnen zu wichtige Theemen ausgedrücken, a quasi vläicht och e Gefill vu Schëllegkeet, wann ee sech dann elo deenen aneren Theeme widmet.

Op d'mannst kann een awer hei bei deem Sujet heiansdo de Lien maachen tëscht där Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa an der Situatioun an der Ukrain, wéi mer se elo erliewen, well mat Sécherheet huet dat do alles e risegen Impakt op d'Zukunft vun der Unioun.

Mir schwätzen also haut iwwer d'Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa a wéi gesot si mer eis bewusst, wéi schwéier et ass, deen Exercice hei ze maachen, ouni permanent Verweiser op déi aktuell Situatioun

an der Ukrain matafléissen ze loosse. Ech wäert awer versichen, mech gréisstendeels op dee ganze Prozess vun der Konferenz ze fokusséieren, well déi ganz Aarbechten, déi hei gemaach gi sinn, hunn et verdéngt, gewürdigt ze ginn an an hirem eegenen Numm ervirgehewen ze ginn.

Allerdéngs komme mer net derlaanscht festzehalen, dass et eeben där ganz aschneidender Evenementer gëtt, déi ganz viles op d'Kopp geheien, déi viles a Fro stellen oder déi, wéi haut, maachen, dass Mënschen oder Strukturen iwwer sech erauswuessen.

A wa mir haut iwwert d'Zukunft vun Europa schwätzen, da maache mer dat ënner Ramebedéngungen, wéi dat virun enger kuerzer Zäit net de Fall war. Mir maachen dat virun allem virun engem Hannergrond, wou d'EU selwer en Optrieden un den Dag leet, dat kaum ee fir méiglech gehalen hätt. Géif déi Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa elo eréischt ulafen a géife mir d'Leit haut eréischt ufänken ze froen, wéi si dës Zukunft gesinn, da sinn ech mer ganz sécher, dass dat Resultat haut e bëssen anescht erséit ausgesinn. Den Accent wier warscheinlech zum Deel méi staark op aner Elementer gefall, ma virun allem hätt wuel déi eng oder déi aner Perceptioun vun der EU anescht duerchgeschimmert.

Loosst mech also ufänken, andeems ech explizitt dem Här Yves Cruchten Merci soe fir säi Rapport vun haut. Ma och allgemeng e Merci fir seng Aart a Weis, wéi en d'Aarbechten an dëser Souskommissioun geleet huet, a fir säi Wëllen, alles drunzesetzen, dass d'Chamber sech aktiv matabréngt an dass mir ganz aktiv den Echange mat der Bevëlkerung siche gaange sinn. Merci och fir seng Flexibilitéit, well ech muss scho soen, dass d'Aart a Weis, wéi dat alles op EU-Niveau gehandhaabt ginn ass, mat Momenter schwieereg war - an och hei drécken ech mech relativ diplomatesch aus -, mat groussen Onkloerheeten, déi am Ufank bestanen hunn an déi zum Deel och elo nach bestinn, an Echeancen, déi ëmmer erëm verréckelt gi sinn.

Ech wëilt awer och e Merci soen dem Chambers-personal, wat dësen Dossier ganz no suivéiert huet an all eis Iddie versicht huet, a Musek ëmzesetzen. A merci schlussendlech och virun allem all deene Leit, déi matgemaach hunn, sech fir Europa interesséieren an derbäi ware bei deene verschiddenen Atelierien, de Panelen oder bei allen aneren Aktivitéiten, déi mer organiséiert hunn.

Wat ass elo d'Zil vun där Konferenz? Europa huet sech e Rendez-vous gi mat de Bierger, fir iwwert d'Zukunft vun Europa ze schwätzen. D'EU muss elo kuerz innehalen an zrëckkucken op déi lescht Joerzénge, déi lescht Méint an op all seng sëllege Krisen, déi mer duerchlaf hunn. Mir Lektouren doraus zéien, grad wa mer och erëm d'Vetraue vun de Bierger an eis Institutionen an an d'EU-Politik zrëckgewanne wëllen. A mir begrëssen et ausdrécklech, dass bei deem Exercice och d'EU-Bierger en Deel vun deem Prozess konnte sinn.

Andeems mir de Bierger d'Méiglechkeet ginn hunn, iwwert d'Erausforderungen ze schwätzen an zukünfteg Prioritéite mat ze definéieren, hu mir versicht, eisem Zil gerecht ze ginn, d'Biergerbedeelegung héichzehalen an dem Demokratiedefizit, dee vu villen an der EU verspuert gëtt, entgéintzewierken. Domadder ass déi representativ a participativ Demokratie an der EU gestärkt ginn.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

D'Zil war et dann och, dass et eng Bottom-up-Approach sollt sinn, wou d'Prioritéiten net scho vun der Politik gestach gi sinn a virun allem, wou d'Konklusiounen net schon am Virus gezu gi sinn. Dëst sollt wierklech keen Exercice fir d'Galerie sinn.

D'Bierger hunn aktiv matgeschafft an déi Aarbecht soll gewürdigt ginn, andeems se mat an d'Konklusiounen afléisst.

Ech sinn och besonnesch frou, dass eis Chamber deen Exercice ganz seriö geholl huet a sech selwer ganz staark an dese Prozess matagebonnen huet a verschidden Iddie konnt ëmsetzen, fir den Echange mat der Bevëlkerung ze sichen.

Wat ass elo bei deene Consultatiounen erauskomm? Bon, mir hunn et scho gesinn: Mir hunn dat ongefiltert mat opgehall. Dat war relativ ..., do waren divers Aussoen derbäi, déi och net ëmmer mateneen ze vereinbare sinn. Et gouf awer op verschiddenen Theeme Punkten, wou och Konsens war.

Also als Alleréisch wëilt ech emol festhalen, dass ech deen Exercice an déi reegelméisseg Echange mat de Leit wierklech och immens positiv fonnt hunn, quitte dass mer awer vill hu missen - an och hei drécken ech mech ganz virsiichteg aus - vill hu misse struewelen oder rudder, fir d'Leit ze mobiliséieren, fir bei eis ze kommen. An trotzdeem hate mir eng ganz Partie vu ganz interessante Rencontres.

Natierlech sinn do d'Meenungen, wéi gesot, vu bis gaangen. An erfreescherweis, muss ech soen, huet sech bestätegt, dass op d'mannst bei de Leit, déi bei eis komm sinn, europapolitisch e relative Konsens war a Richtung vun enger progressiver EU, déi wäertegerecht muss ginn an déi de Courage muss hunn, déi grouss Erausforderungen vun eiser Zäit gemeinsam unzegen. An och wa Kritik un der EU, un hire Strukturen an den Entscheidungsprozesser geäussert ginn ass, sou war et awer och meeschtens eng Demande no méi EU an net no manner EU. Un d'EU ginn immens vill Hoffnungen geriicht, à tel point, an do deelen ech och dem Här Wiseler säi Constat, dass net onbedéngt ënnerscheet ginn ass, wat national Kompetenzen sinn a wat europäesch Kompetenzen. Vill Leit schénge ganz bereet ze sinn, méi Kompetenzen un d'EU ze ginn, fir national Problemer ze léisen.

Encourageant fir eis Gréng ass op alle Fall och, dass engersäits d'Leit vu sech aus de Fokus op Theeme geluecht hunn, déi och eis ganz uewe leien. A mir kënnen just hoffen, dass déi Prioriséierung och an anere Länner vun Europa änlech ausgefall ass, well et eis natierlech en Uleies wier, dass e staarke Message aus der europäescher Zivilbevölkerung kënnt fir méi Ëmwelt- a Klimaschutz, fir méi sozial Gerechtegkeet oder och, fir d'Rechtsstaatlechkeet an der Unioun ze schützen.

Ech wëilt dann och op e puer vun de Punkten agoen, déi an eisem Consultatiounsprozess erauskomm sinn an déi mech besonnesch interpelléiert hunn.

Als Alleréisch kumt ëmmer erëm de Sujet vun den zouene Grenze während der Pandemie op. Dat war effektiv ee Punkt, deen, mengen ech, bei all Aktivitéit beschwat ginn ass. An dat kënnt och net vun nääst. Oppe Grenze sinn de groussen Acquis vun der Europäescher Unioun - eppes, wat een am Alldag lieft a selbstverständlech fënnt. An op eemol stellt ee fest, dass et awer net esou selbstverständlech ass. An da gesäit ee schon eleng op deem konkrete Punkt, wat d'EU eis alles u Positivem bréngt.

E weidere Punkt, deen och opkomm ass, ass dee vun der EU op der Weltbün. De Wunsch no enger EU, déi gemeinsam mat enger staarker Stëmm no baussen optrëtt, deen ass ganz kloer artikuliert ginn. D'Konklusioun ass deemno, dass d'Unanimitéit an aussepolitische Froen d'EU blockéiert.

Dat selwecht gëllt fir d'Verdeedegungspolitik. Och hei waren d'Bierger sech méiheetlech eens, dass de



Conseil eng Brems duerstellt, an de Gros vun de Leit huet fir eng méi staark EU-Defense bis hin zu enger europäescher Arméi plädéiert.

Dat trifft natierlech vum Standpunkt vun haut komplett den Zäitgeescht an natierlech renne se do och bei eis oppen Dieren an. Grad de Beräich vun der Defense, do schwätze mer vu gemeinsame Capacitéiten, gemeinsamer Research and Development an esou weider. Hei géif ech awer och derfir plädéieren, elo net onbedéngt alles aus der Urgence eraus ze gesinn a fir eng europäesch Arméi just fir sech ze plädéieren. Well wichteg ass et, dass mer dat alles awer och am Kader vun der NATO gesinn. Mir brauche keng zweet NATO, mee mir brauchen eng EU, déi hir Engagementer an der NATO iwwerhaupt emol erfëlle kann. Do si mer haut nach net, an do musse mer hikommen.

Hei war et also ganz kloer de Wonsch säitens de Bierger no méi EU, no méi Poids fir den High Representative an no méi Poids fir d'Presidence vun der Kommission. An de Frust doriwwer, dass d'Memberstaaten sech domadder ganz schwéierdinn, en Deel vun hirer Souveränitéit opzeginn, dee war och gréisstendeels net ze iwwerhéieren. Et ass wéi wann d'Bierger schonn eng Etapp méi wäit gewiescht wieren, wou d'Entscheidungsträger et nach net fäerdegbruecht hunn, iwwer hiren eegene Schiet ze sprangen.

An ech mengen, hei ass et dann awer och de Moment, wou mir op déi aktuell Situatioun an der Ukrain musse kucken, well mer jo elo musse festhalen, wat d'EU a kierzter Zäit awer fir e Wandel duerchgemaach huet. Mir hunn et virdu schonn ugeschwat an der Heur d'actualité zur Ukrain: Wann et ëmmer dem Putin säin Zil war, d'EU ze splécken a Mësstrauen ze streeën, dann huet en elo effektiv de Géigendeel domadder fäerdegbruecht. D'EU steet géient do wéi ni virdu an ass kapabel, a kuerzer Zäit ze weisen, wat méiglech ass, wann eng Urgence besteet a wa Solidaritéit spillt.

Kee weess elo, wat d'Zukunft genee bréngt, mee fir mech ass et evident, dass d'EU an Zukunft en anere Stand wäert hunn. Si huet bewisen, dass se mobiliséiere kann, dass se muss op der Weltbün eescht geholl ginn an dass se bereet ass, hir Wäerter ze verdeedegen. An elo bleift ze hoffen, dass déi Unitéit an dee Wëllen, zesumme virunzekommen, eis nach laang wäerten erhale bleiwen.

An et dierf een och dervun ausgoen, dass dës Kris bei sou munchen e Sënneswandel ausgeléist huet, well et fir jiddereen evident ass, dass een an esou enger Situatioun ganz eleng gann domm steet. Do weess een op eemol, wat een an enger EU huet. An ass ee vläicht och bereet, e puer eege Grondsätz iwwer Bord ze geheien, fir an esou engem Bündnis kënnen ze fonctionéieren.

Ech wëll och elo net schonn ze vill optimisteschen sinn, mee kloer ass, dass et eng Erwaardungshaltung un d'Politik gëtt, Lektionen aus dëser Kris ze zéien a gemeinsam als staark Unioun virunzekommen. A wie weess, vläicht fällt et deem engen oder deem aneren an Zukunft dann och e bësse méi lücht, fir zum Beispill iwwert d'Majoritéit qualifizéiert an aussepolitische Froen ze schwätzen. Viraussetzung ass natierlech, dass eng Partie Länner hir Egoismen ewechkieren. Mee wann net elo, wéini dann?

D'Fro vun der Erweiterung ass och déi eng oder déi aner Kéier opkomm, an do virun allem mat der Fro, ob d'EU sech net iwwerholl huet, wéi se sech a kuerzer Zäit no Osten erwidert huet. Dorunner uschléissend war et dann och d'Suerg vun enger Partie Participanten, dass d'EU sech weider vergréissere wäert an dass dat eventuell zu weidere Problemer géif féieren.

Ech wëll déi Suergen och op kee Fall klengrieden a mir hunn dofir och laang iwwert de Pro a Kontra vun der Erweiterung mat de Leit geschwat. Vum Gefill hier géif ech soen, dass bei deene meeschten, déi de Sujet opbruecht hunn, d'Skepsis nach iwwerwien huet.

*(Brouhaha)*

Ech froe mech awer elo, grad an der jëtzege Situatioun, wou d'Solidaritéit mat der Ukrain riseg ass an d'Ukrain selwer d'Demande gemaach huet, fir der EU bäizetrieden, ob dëst déi Aschätzung net eventuell relativéiert.

Ech plädéiere jiddefalls derfir, elo net iwwerstierzt ze handeln an eis Prozeduren net aus der jëtzege Situatioun eraus einfach iwwer Bord ze geheien.

*(Brouhaha)*

Virun allem musse mer eis bewusst sinn, dass mer nach aner Länner hunn, déi an der Pipeline sinn, déi waarden, deene mir als EU Hoffnung gemaach hunn a wou mir als EU absolutt keen zouverlässege Partner waren, well mir si, obwuel si grouss Efforte gemaach hunn, nach net opgeholl hunn.

*(Interruption)*

An deem Sënn ginn ech staark dervun aus, dass dat nach interessant Debatte wäert ginn, grad am Conseil vun der Unioun, wou sech elo schonn ubaant, dass déi eng, wuel gedriwwen vun der jëtzege Situatioun, drécken an déi aner sech dann awer nach e puer méi grondsätzlech Froe stellen.

Wat awer kloer ass: D'EU huet eng enorm Unzéiungskraaft, net just fir d'Ukrain, mee och fir d'Leit a Moldawien oder a Belarus. A mir gesi jo haut och kloer - bei allem, wat mir sou un der EU aussetzen hunn -, dass d'Attraktivitéit vum EU-Modell esou grouss ass, dass se anerer genuch stéiert, fir e Krich auszeléisen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Wou anerer just mat Waffen argumentéiere kënnen, bitt d'EU de ganze Rescht. An dat ass eng Chance, déi mir unerkenne sollten.

Wa mir vun der EU um internationale Plang schwätzen, da musse mer och de Volet Migratioun uschwätzen. Och dat war e Sujet, dee ganz oft ugeschwat ginn ass an deenen, mengen ech, europawäit d'Leit beweegt, woubäi do d'Meenunge wäit auserneegeen a besonnesch och grouss Ënnerscheeder tëscht de Memberstaaten bestinn.

De Constat war hei virun allem, dass d'EU leider net kapabel ass, mat enger Stëmm ze schwätzen, an dass et um Dossier Migratioun a Flüchtlingen nach keng Solidaritéit gëtt. Mënscherechtsverletzungen un eisen EU-Aussegrenze sinn eppes, wat de Leit am Allgemenge ganz schwéier um Mo läit. An och hei musse mer kuerz op déi aktuell Situatioun verweisen. Mir stinn als EU virun enger massiver Erausforderung, fir déi vill ukrainesch Flüchtlingen opzehuelen. Anescht awer wéi a bisheerige Krisen erkenne mir grad an der ganzer Unioun, a besonnesch an de Grenzländer zu der Ukrain, eng Solidaritéit, déi hiresgläiche sicht, an dat ass gutt!

Ech wëll do och net manner Solidaritéit, mee sou vill ech mech iwwert déi grouss Solidaritéit a Mënschlechkeet hei freeën, esou vill muss ech awer regretéieren, dass dat bis elo net ëmmer de Fall war. Ech hunn iergendwou och e bëssen d'Hoffnung, dass dëst kéint zu engem Paradigmewissel féieren an dass grad a Länner wéi Ungarn a Polen, déi bis elo eng ganz haart Linn géint d'Migrante gefuer sinn, e Sënneswandel stattfonnt huet.

Allerdéngs dierfe mer eis och keng Wonner erwaarden, well et dono ausgesäit, wéi wann deen Niveau u Solidaritéit nëmmen dann erreecht gëtt, wann et net ëm Leit mat anerer Hautfaarf oder engem anere reliéise Background geet. Dat fanne mir enorm bedauerlech an obwuel sech dat och elo haut ze bestätege schéngt - Dir hutt vläicht matkritt, dass un der Grenz zu Pole Leit aus Afrika, Bierger oder Studenten, déi dem Krichsgebit wollten entkommen, Schwierigkeeten haten, iwwert d'Grenz ze kommen -, ginn ech d'Hoffnung awer net op, dass mer hei iergendwéi awer zu engem Sënneswandel an der EU wäerte kommen.

Da komme mer zu engem anere grousser Sujet, nämlech zu deem vum Klima an dem Naturschutz: e kloert Bekenntnis zum Prinzip vum Pollueur-payeur, fir méi Infrastruktur fir déi duuss Mobilitéit an de grenziwwerscheedenden Zuchverkéier, ressourcëschonend Wirtschaften an esou weider. Allgemeng huet sech erausgeschéit, dass de Leit den Niveau d'Ambition, dee mer de Moment um Niveau vun der EU fieren, net héich genuch ass. Dann ass och dës Ëfteren d'Ausso komm, dass d'Leit bereet wieren, hire Mode de vie unzupassen, wann d'Politik déi richteg Jalonnen och géif setzen.

An hei wënsche sech d'Bierger also ganz kloer eng méi grouss a schwéier Roll fir d'EU. An dat och zu Recht, well engersäits ass et natierlech esou, dass d'Naturschutz- a Klimaschutzmesuren nëmmen da richteg gräife kënnen, wa se konsequent länneriwwergräifend ugewannt ginn. Anersäits ass et awer och esou, dass et grad d'EU ass, déi derfir suerge kann, dass mer héich Standarden iwwert d'Grenzen eraus hunn.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Dofir muss awer och d'Volontéit do sinn, engersäits bei der Kommission, déi d'Propositionen op den Dësch leet, an anersäits awer och bei de Memberstaaten, fir ganz ambitiéis ze sinn a virun allem kee Greenwashing ze bedreiwen.

Fakt ass, dass et Erfolgsbeispiller gëtt, déi weisen, dass d'EU kann e Motor sinn: Huele mer d'Beispill vun den Natura-2000-Gebidder. D'Europäesch Ëmweltagence huet nämlech festgestallt, dass d'Natura-2000-Netzwerk positiv Effekter op vill Spezies an Habitater huet. Habitater, déi méi vum Netzwerk couvriert sinn, hunn e besseren Zoustand wéi déi, déi manner couvriert sinn. Studien hunn och gewisen, dass et méi positiv Tendenze gëtt fir Aarte vu Villercher, fir déi d'Direktiv ganz besonnesch Schutzmoossname virgesäit, wéi fir Aarte vu Villercher, déi net deene selwechte strenge Schutzmoossnamen ënnerleien. An den Impakt vun där EU-Legislatioun an deem Beräich gëtt ëmmer méi offensichtlech, wat d'Länner méi laang Deel si vun der EU, also wat se méi laang Zäit haten, fir Direktiven ëmzesetzen.

Dëst weist also, dass eng méi streng EU-Legislatioun oder eng méi staark Legislatioun, déi konsequent och vun de Memberstaaten ëmgesat gëtt, duerchaus Verbesserungen um Terrain bewierke kann. Mee natierlech musse mer dann och staark EU-Legislatiounen hunn, an do sinn dann awer och d'Memberstaaten gefrot, fir net all Propositionen vun der Kommission esou laang ze verbessern, bis dass et manifest gëtt, dass se hir Ziler net méi erreeche kann.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Dat gëtt zum Beispill kloer bei der GAP, wou d'Memberstaaten sech géint eng méi ambitiéis Politik gestäip hunn, mam Risk, dass de Konsens zu méi Greenwashing féiert an dass d'Mënschen hire Frust da virun allem op d'EU projezéieren, wou se an éischter Linn awer och hir



eege Regierungen an hir Positioun am Conseil missten hannerfroen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Kloer ass op alle Fall, dass d'Bierger an d'Biergerinnen am Allgemengen héich Erwaardungen hunn un d'EU, och am Beräich Klima- an Naturschutz. An déi positiv Beispiller weisen, dass d'EU kann, wa se déi richteg Tools kritt, e groussen Ënnerscheed maachen. Do ass et och wichteg, dass dat méi kommunizéiert gëtt, dass esou Erfolleger och der EU zougerechent ginn.

Da komme mer och bei d'Energiepolitik, wou effektiv eng Partie Froe vun de Participanten opkomm sinn. An de Gespréicher gouf et allgemeng kloer Bekenntnisse fir eng schnell Transitioun hin zu erneierbaren Energien. Wichteg war de Leit awer och, dass d'Energie bezuelbar bleift a keng weider sozial Ongläichheete geschafe ginn.

Kloer ass och de Lëtzeburger Konsens bestätegt ginn, dass Atom a Gas näischt an der Taxonomie verluer hunn. D'Participanten hu sech hei ganz däitlech géint Greenwashing positionéiert, deem doranner besteet, Atom a Gas als nohaltig anzestufen. An do muss ech leider soen, dass et genee déi Approchë sinn, mat deenen d'EU riskéiert, bei de Bierger hir Kreditibilitéit ze verspillen!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Elo si mer tatsächlech an der Situatioun, wou d'EU-Kommission nach virun e puer Woche Gas an Atom als nohaltig agestuift huet, trotz allen Argumenter, déi dergéint schwätzen: sief dat de Volet Klima, sief et de Volet Sécherheet, sief et de Volet Ofhängegkeet vu Russland. An dee Bumerang do, dee koom elo leider bal méi schnell zrëck, wéi mir konnte géint déi Entscheidung virgoen.

Innerhalb vun e puer Deeg huet déi Aschätzung sech mengen ech, dramatesch geännert: Russland erpresst eis mat Gas. An der Ukrain ginn Endlager vun Atomüll bombardéiert. Zu Tschernobyl si se och an d'Schweesse geroden. An ech weess wierklech net, wéi d'Kommission elo nach wëll argumentéieren, dass Investissementer a Gas oder Atom nohaltig si respektiv dass Atomenergie ongeféierlech wier.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | An do muss ech soen, dass ech hei ganz gespaant sinn, wéi dës Entscheidung an de kommende Wochen a Méint wäert standhalen oder ob et do net awer zu engem Revirement kënnt.

Da wollt ech nach op e leschte Punkt kommen, deem zwar vläicht e bësse manner oft ugeschwat ginn ass, deem awer duerchaus esou munch Leit Suerge bereet, an dat ass dee vum Respekt vun der Rechtsstaatlechkeet an der EU. D'Bierger di sech effektiv schwéier domadder, dass EU-Gelder u Länner ginn, déi sech net u Grondwäerter halen, Minoritéiten ausgrenzen, d'Pressefräiheet net ëmmer respektéieren an och d'Onofhängegkeet vun der Justiz net méi garantéieren.

An deem Kader war de Respekt vun de Mënscherechter uechtert d'Welt och ëmmer erëm en Thema. An de Mënsche läit et um Häerz, dass mer och an eise Liwwerkette keng Mënscherechtsverletzungen méi zouloossen. Dozou ass jo elo ze soen, dass d'Kommission eng Proposition op den Dësch geluecht huet, déi d'Betriber bei enger bestëmmter Gréisst géif forcéieren, d'Mënscherechter an hire Liwwerketten anzehalen. Bon, et ass elo net onbedéngt de Moment, fir op déi ganz Propositionen anzegoen, mee just esou vill à ce stade: Déi Proposition, déi

kéint duerchaus e bësse méi ambitiéis sinn. Do ass nach Sputt no uewen, grad och am Finanzsektor.

An nawell muss mer fäerten, dass, wann elo déi Proposition verhandelt gëtt, et net no uewe geet, mee dass se nach wäert verwässert ginn, wann eeben elo d'Staats- a Regierungschef sech dermat ausenanesetzen. An hei ass et awer wichteg eiser Meenung no, dass d'EU dee Rendez-vous do net verpasst, fir den Erwaardungen vun der Bevëlkerung gerecht ze ginn, well eis Bierger erwaarde sech, dass hir EU hir Wäerter och anhält.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Wat d'Rechtsstaatlechkeet ubelaangt, si mir natierlech och ganz frou iwwert dat rezent Urteel vum Europäesche Gerichtshaff, dat d'Legalitéit vum Rechtsstaatsmechanismus vun der EU och elo confirméiert huet. D'EU kann also an Zukunft vill méi wirkungsvoll géint Verstéiss géint eis gemeinsam Grondwäerter reagéieren.

Dat Urteel war en enorm wichteg Urteel, wat sécherlech a Polen an Ungarn net op Zoustëmmung gestouss ass. Allerdéngs sinn ech och hei gespaant, wéi déi Diskussiounen an Zukunft wäerte verlafen. Ech ka mer nämlech elo - Stand haut - net virstellen, dass polnesch an ungaresch Entscheidungsträger an Zukunft nach därmoossen eng EU-kritesch Haltung wäerten anhuelen, well ech mengen, dass d'Leit elo awer ganz däitlech gesinn, wat se un der EU hunn. An deem Sënn erwaarden och erhoffen ech mer op deem Niveau och eng nei Dynamik, déi hoffentlech dann och am Sënn vun der EU ass an eis all erëm och e bësse méi no beieneebréngt.

Bon, ech muss mech widderhuelen, dee ganze Prozess ronderëm d'Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa hunn ech immens begréisst. Dat ware flott Echanges. Et war och eng flott Erfahrung, mol e bësselchen ausserhalb vum Alldag vun der Chamber. Eleng de Fait, dass d'Biergerbedeelegung och ganz grouss geschriwwen ginn ass, ass ganz positiv ervirzehiewen. Natierlech war et fir eis och net onbedéngt einfach, mat de verkierzte Prozeduren ze schaffen, mee ech mengen, dorunner muss mer eis elo net méi onbedéngt festkrallen, dat ass passé.

Elo muss mer no vir kucken a wa mer dat maachen, do ass et eis dann awer elo par contre ganz wichteg, dass de Suivi vun dëser ganzer Prozedur konsequent gemaach gëtt. Et ass elo u sech de wichtige Moment, well de Board, also den EU-Conseil, d'Kommission an d'EU-Parlament, déi mussen elo lassleeën a weisen, dass se hir Engagementer anhalen. Et kënnt elo drop un, dass dee Suivi och weiderhi bottom-up gemaach gëtt an dass deem Input, deem eis vun ennen erop geliiwert ginn ass, den respektéiert gëtt.

Leider ass fir mäi Verständnis déi weider Virgeeënweis nach net wierklech ganz kloer an dat fannen ech enorm schued. Dee gréisste Feeler, deem een elo hei kéint maachen, dat wier, elo awer just predefinéiert Konklusiounen do ze zéien an alles, wat vun de Bierger geliiwert ginn ass a wat vläicht och en europäwäite Konsens gemaach huet, net ze respektéieren. Dat ass schued, well nach ëmmer iergendwou déi däischter Wollek iwwer eis schwieft, dass dat Ganzt awer da just en Exercice fir d'Galerie wier. An deem Sënn kënne mer nëmmen hoffen, dass deem Executive Board do och kann iwwer säi Schiet sprange fir ze beweisen, dass déi partizipativ Demokratie an der EU bis zum Schluss gelieft gëtt.

Op alle Fall ass eis wichteg, dass d'Handschrëft vun der Zivilgesellschaft am Endresultat muss kloer erkennbar sinn, an dat och bei méi heikelen Theeme wéi deem vun den transnationale Lëschten, dem

Spätzekandidatprinzip an, jo, och bei der Fro vun der Ouverture vun den Traitéeen, déi, wann dat sollt eng Konklusioun sinn, och keen Tabu soll sinn.

*(Brouhaha)*

Wa mer der EU méi Kompetenzen am Beräich vun der Santé zum Beispill wëlle ginn oder am Beräich vun der Defense ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... oder am Beräich vun der Aussepolitik, da komme mer do net derlaanscht. An ech weess och, dass dat immens opwänneg ass, dass dat Zäit hëlt. A mir sollten dat och net maache mam Zil, fir elo kuerzfristeg Léisungen ze fannen, mee et geet drëm, d'EU fir d'Zukunft strukturell esou opzestellen, dass se d'Problemer och an zéng Joer da léise kann.

An ech géif dann zum Schluss op dat zrëckkommen, wat ech schonn am Februar 2020 am Kader vum Här Wiseler senger Interpellatioun iwwert d'Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa gesot hunn: „d'EU mat hiren Institutionne muss erëm méi no un d'Zivilbevölkerung réckelen an Äntwerte liwweren, déi de grouse Froe vun eiser Zäit gerecht ginn. D'EU ass net just en technokrateschen Apparat, mee eng Institution, ...

*(Brouhaha)*

... déi op enger gemeinsamer Visioun, op gemeinsame Wäerter berout, an déi aus der Liwwerzeugung gewuess ass, dass eng aner Welt méiglech ass, eng Welt, an där Konflikter anescht geléist kënne ginn an an där ee méi erreecht, wann een zesummeschafft a Brécke baut.“

*(Brouhaha)*

A grad haut wéilt ech dee Message ganz gäre widderhuelen, well dat ass déi EU, an där ech weiderhi wëll liewe kënnen.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Loosst mech just zum Schluss nach op déi Resolutioun ze schwätze kommen, déi den Här Cruchten deposéiert huet. Mir begreifen dës Resolutioun natierlech, net just wat de Volet Conférence sur l'avenir de l'Europe ubelaangt a wat déi partizipativ Prozesser ubelaangt, mee virun allem, wat d'Visibilitéit an de Suivi vun den europäeschen Dossieren hei an der Chamber ubelaangt. Dëst wäert derzou bäidroen, dass d'Demokratie an d'Transparenz och an aussepolitischen Dossierer gelieft ginn an och d'EU-Politik eng vill méi grouss Visibilitéit kritt, eng Visibilitéit, déi se menger Meenung no absolutt verdéngt huet. An deem Sënn schwätzen ech elo net méi weider a soen Iech villmools Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Empain. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, ech wéilt och ufänke mat engem ganz häerzleche Merci un den Här Cruchten fir e ganz liewegen an interessante Rapport, deem en eis gemaach huet, an och fir déi Aarbecht vun eise Mataarbechter an der Chamber, déi ganz, ganz intensiv geschafft hu während ville Méint, fir eis dat hei ze erméiglechen. An natierlech muss een an dee Merci och all déi Leit matabezéien, déi mat eis an deene leschte Méint diskutéiert, geschwat hunn an heihinnerkomm sinn, fir hir Vuen iwwer Europa virzedroen.

Déi Europäesch Unioun huet dës Konferenz, wann ee se dann esou kann nennen, iwwert d'Zukunft vun



Europa aberuff, iwwert déi mir haut diskutéieren. De President Macron wëll ganz séier zu Resultater kommen - et si jo a Frankräich Walen - an als gutt Nopere an ein Nopere a francophill Nopere maache mer dat dann och. Et ass awer schued, datt et net méi laang gedauert huet.

Déi Europäesch Unioun huet vill Problemer a si brauch Reformen. Doriwwer besteet Konsensus. Déi Diskussiounen doriwwer gehéieren eiser Meenung no awer an eng formell Regierungskonferenz. Dowéinst kann ee sech froen: Firwat gouf elo grad dës Wee, deen iwwer eng Biergerbedelegung, gewielt? Ass et, well vill Politiker an Europa einfach selwer keng Visiounen méi entwéckelen iwwert d'Zukunft vun dëser Unioun oder kee Courage méi hunn, fir grouss Reformen ze proposéieren, oder awer wëssen, datt eng Regierungskonferenz et am Abléck ganz schwéier hätt, well et déif Grief tëschent den europäesche Memberstaate gouf, vläicht am Abléck manner duerch d'Ukrain-Kris, mee awer op jidde Fall ganz schwéier, fir op en neie Vertragstext ze kommen?

De „Versuch“ - soe mer emol -, fir iwwert d'Resultater vu Consultatiounen vun enger organisierter an dacks och polarisierter Zivilgesellschaft Staaten ënner Drock ze setzen, ass sécher net de Wee vun der ADR. De Fonctionnement vun den Institutionen dierf net a Fro gestallt ginn. Iwwert d'Zukunft vun Europa solle mandatéiert Regierungsvertreter verhandelen, déi jo all duerch demokratesch Wale legitiméiert sinn. Et sinn dann och déi national Parlamenten oder nach besser national Referenda, déi iwwert d'Verhandlungsergebnater solle bestëmmen, esou wéi et sech fir demokratesch Staate gehéiert. Mir wëlle keng Schläichweeër fir ze probéieren, esou Verhandlungen an esou demokratesch Prozesser ze ëmgoen an domat politeschen Drock opzebauen.

Am Liewen wéi an der Politik ass et awer natierlech ëmmer richteg, op d'Leit ze lauschten. D'ADR mécht dat leidenschaftlech gär. Déi aner Parteien heibanne jo och, wann een hinnen nolauschert. Firwat refuséiere si dann de Referendum iwwert d'Verfassungsreform, ...

(Brouhaha)

... dee si de Leit versprach haten? E Referendum ass jo bekanntlech déi héchste Form vu Biergerbedelegung.

(Brouhaha)

Awer wann et ëm eist Land geet, wëlle si vun där näischt wëssen oder besser gesot näischt méi wëssen. Europa soll iwwer Biergerbedelegung reforméiert ginn, Lëtzebuerg awer net. Mir nennen dat beschtefalls „Inkonsequenz“, schlëmmstefalls „Hypokrisie“.

Datt iwwert d'Zukunft vun Europa muss diskutéiert ginn, mécht, wéi gesot, absolut Sënn. Mir féieren dës Diskussioun allerdéngs vill ze spéit. Mir hätte se misse virum Brexit féieren. De Brexit wor dee bis elo dramateschste Réckschlag an der Geschicht vun der Europäescher Unioun. D'ADR hat virum Brexit gesot, datt mir musse Konzessiounen maachen, fir d'Britten an der EU ze halen. Leider gouf net op eis gelauschert. Fir d'ADR ass a bleift et e strateegesch Zil, fir staark Brécken tëschent der EU an dem Vereenegte Kinnekräich ze bauen, fir d'Konsequenzen vum Brexit esou wäit wéi nëmme méiglech ze miniméieren. Mir wëlle politesch, ekonomesch a sécherheetspolitesch Instrumenter schafen, déi et eis wéi och eise brittesch Frënn erlaben, nees zesummen u Europa ze bauen. De Brexit huet op en Neits däitlech gewisen, datt de Federalismus Gëft fir Europa ass. Eise Kontinent ass esou divers, datt een

Europa nëmme ka bauen, andeem ee senger Diversitéit gerecht gëtt an net probéiert, e Federalismus oder en Zentralismus no amerikaneschem Virbild heihinner ze importéieren.

Als ADR wëlle mir e méiglechst eeneg a staarkt Europa, an dat geet eiser Iwwerzeegung no nëmme mat engem Europa vun den Nationen. Do, wou et Sënn mécht zesummenzeschaffen, sollen a musse mir dat maachen. Vill Problemer kann een nëmme zesummen ugoen, awer do, wou d'Nationalstaate ganz gutt eleng eens ginn, brauche mir keng Amëschung vun europäeschen Institutionen. D'ADR bekennt sech domat voll zum Subsidiaritätsprinzip.

Här President, wéi eng Reforme brauch Europa wirklech an am allerdréngendsten? Mir wëllen der haut hei sechs proposéieren: éischtens, en Zërck an déi finanziell Orthodoxie an der Eurozon, zweetens, eng laangfristeg energiepolitesch Ofsécherung, déi eis Economie kompetitiv hält, drëtzens, Toleranz a Respekt fir aner Memberstaaten an aner Gesellschaftsmodeller, véierdens, en Enn vun der aktueller Migrationspolitik an eng Ofsécherung vum Schengen-Raum. Ech soen derbäi, aus Aktualitéitsgrënn: mat der Ausnam vun der Ukrain. Fënneftens, eng konsequent Reindustrialiséierung, a sechstens, eng Reform vun den Institutionen an eng Réckverlagerung vu Kompetenzen an d'Memberstaaten.

Loosst mech bei der Geldpolitik ufänken. Lëtzebuerg ass op eng Währungsunion ugewisen an eis Finanzplatz ass op den Euro ugewisen. Mir sollten dowéinst als Land eng staark Stëmm sinn, déi zesumme mat Holland, Däitschland an anere méi stabilitätsorientéierte Staaten derfir suergt, datt den Euro laangfristeg ofgeséichert ass.

D'Europäesch Zentralbank huet mat hire villen Hëllefprogrammer zënter 2007 d'Geldmass esou an d'Lucht gedriwwen, datt si wäit iwwert deenen aktuelle Besoine vun der Economie läit. Dëst ass eng vun den Hauptinflationseffekten an Europa. Mir brauchen dowéinst eng Reduzéierung vun der Geldmass, déi am Émlaf ass. Mir brauchen an Inflationssäiten Zënserhéijungen, fir dee primären Optrag vun der EZB, d'Präisstabilität, ze garantéieren. Mir brauchen eng Reform vum TARGET2-System, fir e järechen Ausgleich tëschent den Zentralbanken ze kréien, änlech wéi dat an den USA funktionéiert. A mir mussen d'Bonitätskriterien fir Wäertpabeieren an d'Lucht setzen, fir datt mer Schrottpabeiere progressiv aus der Bilanz vun der Banke kënnen eliminéieren.

D'Europäesch Zentralbank muss domat ophalen, Staatspabeieren ze kafen an domat bal onbegrenzt d'Schuldpolitik vu verschiddene Memberstaaten ze finanzéieren. D'EU dierf net zu enger Transfertioun ginn. Et dierfe keng gemeinsam Scholde ginn, bei deenen d'EU-Institutionen oder d'Memberstaate fir d'Scholde vun anere musse riichtstoen, an d'Stabilitätskriterien vu Maastricht musse respektéiert ginn. Temporär Austrëtt aus der Eurozon musse méiglech sinn, woubäi awer dann de Remboursement vun TARGET-Scholde muss garantéiert sinn.

Also: Stabilität, Eeeverantwortung vun de Staaten, keng national Scholdepolitik a keng Haftung fir aner, keng Transferten un aner iwwert d'Geldpolitik, dat ass de Credo vun der ADR fir d'Zukunft vum Euro. Dat ass déi reng klassesch ekonomesch Vernunft an et ass och konform zu den Traitéen, notament zu der „no bailout clause“, Artikel 125 TFUE. Schued, datt mir eleng am Abléck, sou schéngt et, nach dat verdeedegen, wat am Maastrichter Vertrag steet.

Sollte mir eis net duerno riichten, maache mir den Euro laangfristeg futti. Elo schonn hu mer e permanenten Offloss vu Räichtum vum Norden an de Süde

vun Europa a grouss Wäertverloschter fir déi Leit, déi spueren, duerch d'Incapacitéit vun der EZB, fir d'Zënse un d'Inflation unzepassen. Scho gëtt gefuerdert, d'EZB institutionell esou ëmzeänneren, datt den Norde soll méi Stëmmgewicht kréien. Mir brauchen onbedéngt eng volontaristescht Stabilitätspolitik an Europa an dës Regierung muss dozou bäidroen.

Mir brauchen zweetens eng Energiepolitik, déi kredibel an zuverlässeg ass an déi fir d'Privatstätt wéi och fir eis Entrepreneuren zu engem méiglechst gënschtege Präis genuch Energie liwwert. Déi Echange, déi mir elo mat der Zivilgesellschaft haten, hu gewisen, datt sech vill vun deene Klimabewegungen ëmmer méi radikaliséieren. Déi ganz staark Angscht, vläicht souguer iwwerdrifwen Angscht viru méigleche Klimaverännerungen féiert dozou, datt aner Consideratiounen wéi eis ekonomesch Zukunft, déi awer fir déi jonk Leit vun zentraler Wichtigkeet ass, a virun allem och eis individuell Fräiheit fir déi Organisatiounen praktesch keng Roll méi spillen. Léisst ee si gewäerden, geet de Wee riicht an eng Ökodiktatur. Mir warnen dowéinst nach eemol virun totalitärer Verschungen a mir warnen och nach eemol virun Dispositiounen an där neier Verfassung, déi dat géife méi liicht maachen.

Fir d'ADR heescht et, engersäits d'Economie ekologesch denken an anersäits d'Ökologie ekonomesch opstellen an ni dat eent ouni dat anert ze gesinn. Mir wëssen, datt mir eng staark Economie brauchen, a mir wëllen, datt d'Leit d'Energie kënnen bezuelen - de Brennes an och hiren Auto. Mir verlaangen elo, datt d'Steieren op d'Energie erofgesat ginn an datt d'Kuelendioxidsteuer ganz gestrach gëtt.

Alternativ Energie kënnen an engem breede Stroummix e Bäitrag leeschten, awer verlosse kann ee sech op si net. Gréng Energie kënnen ganz liicht de Wee an de Blackout sinn. An och deier europäesch Versuerungsnetzer kënnen d'Nodeeler vu volatillem alternativen Energien net ausgläichen. Alternativ Energien als exklusiven energiepoliteschen Versuerungsmodell si Fakenews, geneesou wéi dat Märche vun der Regierung, datt d'Elektromobilität besonnesch umweltfrëndlech wär. Mécht een dee ganze Bilan, ass et éischer de Géigendeel!

Europa wéi och Lëtzebuerg sollen elo mol konsequent am Energieberäich fuerschen, fir optimal Léisungen ze fannen. Dobäi dierf et keng politesch Tabue ginn.

Här President, wann ee wëll Europa ausereendreiwen, da soll een déi sougenannt Rechtsstaatsmechanisme spille loosse. Hei gëtt en ideologesche Krich géint e puer Memberstaate geféiert, déi sech net engem Mainstream wëlle fügen. Bei der ADR gesi mir dat kritisches. Mir verdeedegen d'Souveränitéit vun de Staaten a mir denken net, datt déi europäesch Kommissioun oder dat Europäescht Parlament sech dierfen an déi intern politesch Prozesser vun de Memberstaaten amëschen. All d'Memberstaate sinn Demokratien an hir Regierung si just géintiwwer hire Bierger verantwortlech. Europäesch Strukturfonnen sinn do, fir europäesch Solidaritéit mat defavoriséierter Leit och finanziell ze liewen an net, fir Memberstaate politesch ze erpressen.

Déi Kriticken, déi géint eenzel Staate virbruecht ginn, sinn dacks net kredibel. Wie sech d'Justizsystemer an Däitschland an och zum Beispill a Spuenien ukuckt an op anere Plazen, gesäit do heiansdo praktesch genee déi selwecht Reegelen wéi déi, déi verschiddenen osteuropäesche Staaten esou gär virgeworf ginn. An och hei zu Lëtzebuerg schaf mir am Kader vun der Verfassungsreform en Nationale Justizrot, deen zum Deel politesch besat gëtt. Mir gesinn d'Splënter am A vun deenen aneren an net d'Dunn an eisem eegenen!



Här President, déi Echangë mat der Zivilgesellschaft iwwert d'Asyl- an d'Migrationspolitik hunn och gewisen, wéi Realitätsfremd esou Diskussione kënnen sinn. Vereenzelt gouf souguer d'Ofschaffung vun alle Grenzen gefuerdert. D'ADR ass fir eng realistesch an humanistesche Politik an d'Wäinst och kloer fir e Recht op Asyl, awer geneesou kloer ass si géint e Mëssbrauch vun deem Recht am Sënn vun enger massiver illegaler Immigration an Europa aus haaptsächlech ekonomesche Grënn.

Eis Gesellschaften packen esou eng Zort vun Immigration net. D'Konsequenz gëst mer iwwerall a West- an Nordeuropa: keng oder weening Integratioun, Drock op den Aarbechtsmaart, Drock op d'Sozialsystemer, Drock op d'Sozialwunnengen, alles dat haaptsächlech natierlech zulaaschte vun deene sozial Schwaachen.

Fir d'ADR ass kloer, datt déi illegal Immigration muss gestoppt ginn an datt Asyl en temporäre Schutz ass. Een, dee kee Schutz brauch oder net méi brauch, muss zrëck a säi Land goen.

Eng Verdeelung vu Migranten no Quoten an Europa kennt fir eis net a Fro. D'Asylrecht muss virun allem eng national Kompetenz sinn. Eng komplementär gemeinsam Sécherung vun de Baussegrenzen a vollem Respekt virun der Souveränitéit vun all Memberstaat ass awer virstellbar.

Eng vernünftiger Migrationspolitik ass och absolut néideg, fir de fräie Persounenverkéier am Schengen-Raum kënnen ze erhalen. Mir hunn an der Pandemie gesinn, wéi fragill déi oppe Grenze kënnen sinn a wéi séier se nees kënnen zougemaach ginn. D'ADR wëll de Prinzip vu méiglechst oppene Grenzen verdeedegen. Dofir brauch et niewent enger anerer, méi vernünftiger Migrationspolitik an enger enker Zesummenaarbecht tëscht Nopeschlänner och cibléiert a limitéiert Grenzkontrollen. D'ADR huet dat scho laang gefuerdert. Virun allem brauche mir esou Kontrolle géint déi grenzüberschreidend Kriminalitéit a géint déi illegal Immigration.

Mir wëllen als ADR oppe Grenzen fir déi éierlech Leit, awer net fir déi aner. Mir hu gesinn, datt och aner Parteien elo an der Pandemie viru Kuerzem Grenzkontrollen an den Zich gefuerdert hunn, fir franséisch Anarchisten vun den Demonstratiounen zu Lëtzebuerg ewechzehalen. Et huet eis als ADR gefall, datt Parteien, déi scho laang näischt méi vu Grenzkontrolle wollten wëssen an deenen anere Staaten an der Pandemie am léifsten dat Recht ofgeschwat hätten, fir hir eege Grenzen ze kontrolléieren, elo ganz séier d'Virdeeler vu Grenzkontrollen nees fir sech entdeckt hunn. Déi eegen Haut ass engem dach ëmmer besonnen!

Wien an Europa wëll oppe Grenzen hunn, an dat wëlle mir als ADR, muss dobäi déi eege Sécherheet an déi vun deenen anere Staaten fest am An hunn, soss ass dat politesch net duerchzehalen.

Här President, d'Pandemie huet eis och gewisen, wéi wichteg d'Konkurrenzpolitik an Europa ass an d'Reindustrialiséierung vun Europa. Déi Europäesch Kommissioun huet elo mol eng Initiativ am Beräich vun den elektronesche Chippen geholl, déi mir begrëssen, mee mir brauche cheemesch Industrie, pharmazeutesch Industrie an nach villen méi, wa mir eis Ofhängegkeet, virun allem géintwärt dem asiatesche Raum, wëlle reduzéieren. Déi, déi esou gär vun enger europäescher Souveränitéit schwätzen, missten dobäi vläicht prioritär un Domänen denken wéi d'Industrie, wéi d'Agrikultur, wéi d'Energieversuergung, wéi d'Digitaliséierung, wéi d'Ofsécherung vun eise maritime Versuergungsweeër a Kommunikatiounen, ier mer iwwer Baussepolitik a Verdeedegung schwätzen.

Lëtzebuerg sollt bei all deenen Efforte matmaachen. Dofir brauch et ënner anerem eng dynamesch Industriepolitik an en Ausbau vu Fuerschung a Léier. Mir gesi fir d'Universitéit Lëtzebuerg eng Prioritéit beim Ausbau vun der Mathematik, der Informatik, den naturwëssenschaftleche Fächer an den Ingenieurswissenschaften. Beim Gender kënnen mir awer gär spueren.

*(Exclamation)*

Europa muss méi autark ginn, ouni awer protektionistesche ze ginn. Mir wëlle keng nei Douanetariffer aféieren, well dat reduzéiert eis Kompetitivitéit, verdeiert d'Importer a reduzéiert eis Innovationscapacitéiten. Mir wëllen oppe Mäert. Wa mir esou Tariffer aféieren, maachen eis Konkurrenten dat natierlech och, dat si Retorsioune an dat ass eng schief Bunn, op déi mir net wëlle geroden.

Här President, wien d'Debatten am Europäesche Parlament verfollegt, mierkt, wat geplangt ass. D'Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa soll dozou gebraucht oder och mëssbraucht ginn, fir nees méi Federalismus anzeféieren an dat Europäescht Parlament ze stäerken. Sämtlech bekannt Fuerderunge ginn nees ausgepaakt: europäesch Spëtzekandidaten - déi lescht Kéier e flagrante Echec -, transnational Lëschten, eng europäesch Walautoritéit, eng europäesch Walprozedur, en Initiativrecht fir d'Parlament, europäesch Steieren a méi eege Ressourcë fir d'Unioen an esou weider. D'ADR seet dozou: „Neel!“

Am Europäesche Rot an am Ministerrot soll op d'Unanimitéit verzicht ginn, virun allem och bei der Bausen- a Sécherheitspolitik. Och hei seet d'ADR: „Neel!“ Mir hate virdrun an der Ukrain op d'Gefore vun esou enger Entwécklung higewisen. Mir wëllen net, datt eis Sécherheitsinteressen ignoréiert ginn. Lëtzebuerger si kee Kanounefudder, dat anerer kënnen fir hir Zwecker mëssbrauchen. D'ADR seet kloer: „Mir wëlle matdecidéieren!“

Warscheinlech soll och bei de Finanzministern an Zukunft d'Majoritéit qualifizéiert gëllen. Och där Fuerderungen huet een oft souguer hei an der Chamber schonn héieren.

Dann ass déi gutt Neiegkeet jiddefalls déi, datt mir zu Lëtzebuerg ganz séier kënnen klimaneutral liewen. Scho virun der Konferenz hunn eng ganz Rei Staate gesot, datt dës Konferenz net däréi déi normal Prozeduren ausser Kraaft setzen an datt si sech a verschidde Kompetenzberäicher vun de Memberstaaten net däréi amësch, zum Beispill net an d'Sozialpolitik. Genannt goufen ënner anerem d'Aarbechtsrecht, d'Pensiounssystemer, d'Familljepolitik, d'Kannererzierung, an déi Meinung ass och eis.

Déi Iddi, eng Gesondheitsunioen ze schafen, muss ee kritesch gesinn. Et wor net alles gutt. D'Europäesch Kommissioun huet zum Beispill laang op de franséischen Impfstoff vu Sanofi gewaart, deen dunn awer net koom. Dat huet eis dräi Méint kascht an der Akquisitiounspolitik vun Impfstoffen. Och hei gesi mir éischter eng enk Zesummenaarbecht tëscht Staaten als dee richtege Wee, mat natierlech enger Ënnerstëtzungsfunktioun fir d'Kommissioun.

Här President, déi Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa huet dee Virdeel, datt mir net méi nëmme bei den Europawalen iwwer Europa diskutéieren. De Sujet ass wichteg a mir si frou, datt mer dofir haut hei déi Geleeënheet hunn. Der ADR hir Europapolitik ass realistesch, si ass konstruktiv an och anescht wéi déi vun anere Parteien a si ass volontaristesche.

D'ADR ass fir Europa an och fir e staarkt Europa, awer eebe fir en Europa vun den Natiounen. En Europa, an deem Lëtzebuerg ka matbestëmmen. Mir wëlle keng

„Ever Closer Union“ an engem federalistesche Sënn, mee eng ëmmer méi staark Frëndschaft a Solidaritéit tëscht souveräne Staaten an Europa. Ech soen Iech Merci.

**M. Fred Keup (ADR) | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Kartheiser. Den Här Ausseminister freet d'Wuert.

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes |** Jo, Här President, entschëllegt, vläicht verstitt Der, dass ech op enger anerer Plaz elo méi gebraucht ginn, well mir musse jo all Dispositiounen treffen, fir deen Accueil, deen elo virun eis steet, gutt ze organiséieren. An ech géif Iech wierklech bidden, mer elo fräizéinn hei an der Chamber fir ze kucken, dass ech mat menge Leit kann alles hierriichten, fir dass, wa mer musse mar op Zack sinn, dat och klappt. Verstitt Der dat? Da géif ech Iech Merci soen.

**M. Fernand Etgen, Président |** Mir verstinn dat, Här Ausseminister, datt d'Aktualitéit aner Prioritéiten un Iech de Moment verlaangt, a soen Iech Merci. Mir géifen awer d'Debatt viruféieren an déi dann och zu Enn bréngen. Merci villmools a Courage an Ärer Mission!

Da géif ech d'Wuert weiderginn un déi nächst ageschriwwen Riednerin an dat ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Octavie Modert (CSV) |** Mee d'Regierungsbänk ass dann net besat!

**Une voix |** Jo, do ass keen.

**Mme Octavie Modert (CSV) |** Jo, d'Regierungsbänk ass net besat. Egal wien, mee weinstens ee Minister muss do sinn.

**M. Fernand Etgen, Président |** Et ass d'Debatt vun der Chamber. Mir sinn hei an der Chamber, Madamm Modert!

*(Brouhaha)*

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) |** Mir verstinn ...

**M. Fernand Etgen, Président |** Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Une voix |** ...bänk ass gutt besat.

*(Hilarité)*

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) |** Merci, Här President.

*(Interruptions et brouhaha)*

Mir verstinn, datt den Ausseminister elo nach aner dréngend Saachen ze dinn huet.

„Mir géife gären, wierklech ganz gären eng basisdemokratesch Diskussioun gesinn iwwert de Fonctionnement an d'Politik vun der EU. Eleng, eis feelt de Glawen, datt et sech heibäi ëm eppes anescht handelt wéi ëm e bësse méi e sophistiquéierte PR-Exercice.“ Dës Wieder hat mäi Virgänger, den Deputéierte vun déi Lénk Marc Baum, am Februar 2020 op dëser Tribün gesot, also éier dee ganze Prozess un d'Rulle koom. Wéi meeschtens huet hien d'Kaz vun Ufank un eng Kaz genannt.

D'Madamm von der Leyen hat déi Iddi 2019 opbruecht an duerno dorun erënnert, obwuel d'Begeescherung vun deenen eenzelnen EU-Institutiounen zimmlech limitéiert war. Et war déi e bëssen idealistesche a romantesche Virstellung, datt een op déi Aart a Weis kéint d'EU erëm méi no bei d'Leit bréngen a sech e basisdemokrateschen Ustrach ginn, oder wéi de Marc Baum sech virun zwee Joer ausgedréckt huet: „Den [...] naive Versuch vun der Madamm von der Leyen, d'Leit erëm fir d'EU ze interesséieren, andeems een den Uschäi gëtt, et géif een op se lauscheren.“



Ech wëll direkt aganks betounen, dass ech all deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg dorunner matgeschafft hunn an deene leschte Méint a Joren, kee Virworf maachen. Ech wëll virun allem och de Mataarbechter vun der Chamber hei Merci soe fir hiren Engagement, dem President vun der Souskommissioun, de Membere vun der Chambersverwaltung an allen anere Bedeelegten, déi sech vill investéiert hunn - warscheinlech vill méi wéi an aneren EU-Länner - a probéiert hunn, dat Beschdt draus ze maachen. Mee et muss ee sech awer schlussendlech agestoen, dass dat Ganzt elo net dee groussen Erfolleg war.

Mir hate jo am Ganze véier Panelsitzungen hei an der Chamber: iwwert d'Sozialpolitik, d'Migratioun, d'Wirtschaft an de Klimawandel. Mir hunn dobäi Organisatiounen héieren, déi hir Positiounen a Fuerderungen duergestallt hunn, awer eebe Positiounen, déi scho bekannt woren an déi si säit Laangem soen a wou si net op eis gewaart hunn, fir dat ze soen, an déi och net dëst Format gebraucht hunn, fir sech bemierkbar ze maachen. An et ass do, wou dës Prozess zum Deel eeben en double Emploi war an och Hoffnungen geniert huet, déi awer héchstwahrscheinlech zu net ganz vill wäerte féieren.

Mir hatten dann och véier Cafésgesprächer, wou jeeeweils fénnef bis zéng Leit komm sinn, souwéi och e Vëlostour an dann och nach eng Sitzung mam Jugendarlament. Ech muss och éierlecherweis soen, dass ech, ausser bei deene véier Panelen, net iwwerall konnt ëmmer derbäi sinn. Héichgerechent hu mer e puer Dose Leit begéint. Dorausser awer elo de Wëlle vun de Lëtzeburger Biergerinnen a Bierger a Saachen Europa ofzeleeden, ass e bësse vermessen. An ech mengen, et muss een dofir och éierlech sinn an zouginn, dass déi Aussoen am Rapport net onbedéngt representativ sinn, zemoos wou och bei deenen eenzelen Aussoen net derbäistee, vu wem an a wéi engem Kontext se onbedéngt gesot goufen.

Dës Propose sollen awer elo als Contributioun vun de Lëtzeburger Biergerinnen a Bierger an déi weider Diskussiounen um europäeschen Niveau matafléissen. Mir fannen dat relativ problematesch.

De Marc Baum hat deemools och d'Fro opgeworf, wat dann duerno wäert mat de Resultater geschéien - falls et da Resultater wäerte ginn. En huet prophezeit, dass um Schluss déi onerwënscht Propose klammhemlech vum Dësch verschwonne wäerten, während déi Saachen, déi op enger Linn si mat der offizieller EU-Politik, wäerten als direkte Biergeroptrag gefeiert ginn. Haut, zwee Joer drop, schéngt dat eis nach ëmmer eng ganz plausibel Aschätzung ze sinn.

Här President, och wa mir dee ganze Prozess grondsätzlech problematesch gesinn an d'Resultater vun dëser Consultatioun net als representativ unerkennen, wëlle mir awer trotzdem kuerz dorobber agoen. Dat si mir och all deene Leit schëlleg, déi sech esou vill engagéiert hunn an och do matgemaach hunn.

Fir et direkt ze soen: Mat deene meeschten Aussoen an dësem Katalog kënnen mir liewen. Dat betrëfft besonnesch déi Fuerderungen am Ëmwelt- an am soziale Beräich. Ech nennen der e puer: de Greenwashing bekämpfen an de Principe pollueur-payeur uwenden; eng Klimapolitik maachen, déi déi sozial Inegalitéit berücksichtegt; den effentlechen Transport an d'Mobilitéé douce ausbauen; eng méi inklusiv Sozialpolitik no contraingnante Krittären an en europäesche Mindestloun; der sozialer Dimensioun generell op EU-Niveau méi Rechnung droen an eng Prioritéit draus maachen natierlech; d'Aarbechtsrecht verbessern an de soziale Logement ausbauen, oder och d'Asylrecht stäerker an natierlech de Rietspopulismus bekämpfen. Alles dat si Fuerderungen, déi mir am Prinzip géifen ënnerstëtzen.

Anerersäits gëtt et aner Aspekter, déi mir anescht gesinn oder zumindest staark géife relativéieren, dorënner zum Beispill, dass d'Bankeregulatioun erëm soll zrëckgeholl ginn, dass mer an eng europäesch Arméi mussen investéieren oder och, dass mer méi aktiv musse ginn um afrikanesche Kontinent.

Et gëtt och plazeweis Inkohärenzen a Kontradiktiounen, wou dat eent a säi Contraire gefuerdert gëtt. Zemoos feelen och ganz vill Theemen a kontrovers Aspekter - ech denken zum Beispill u Saache wéi Steierevasioun oder och d'Finanztransaktionssteuer - an natierlech gëtt keng méi déifgräifend Analys a Kritik un den EU-Verträge gemaach. Do gesäit een: Villes gouf gesot, dass eent an dat anert. Et goung e wéineg an all Richtungen. Et war sécherlech net oninteressant - am Géigendeel! -, mee d'Fro bleift, wat ee mat all dësen Iddie mécht. Ma dat weist och d'Limitt vun dësem Prozess.

Wéi gesot, déi Virschléi, déi hei als Lëtzeburger Biergerwëlle festgehal goufen, si keng gréisser Katastroph. Den Haaptproblem besteet virun allem doranner, dass se net representativ sinn an net vun de Biergerinnen a Bierger kommen, well déi meescht Proposen, déi festgehal goufen, si jo och vun deenen Organisatiounen komm, déi mer hei an d'Chamber - a Form vum Panelen - invitéiert hatten.

Här President, ech wëll dann awer och nach op d'Resolutioun agoen. Wéi ech déi éischte Kéier vun enger eventueller Resolutioun am Kader vun dëser Debat héieren hunn, ware meng Erwaardungen relativ geréng. Ech hat mer eigentlech erwaart, dass een do deen übleche konsensuellen EU-Sonndesdiscours géif erëmfannen, ouni konkreet Elementer. Mee ech muss soen, dass ech ganz positiv iwwerrascht gi sinn, an dofir wëll ech och dem Yves Cruchten Merci soen.

Déi Analys, déi dëser Resolutioun zugronn läit, kënnen mir absolutt deelen. Mir hunn als Chamber net genuch um Radar, wat op EU-Niveau verhandelt an decidéiert gëtt. Mir als Deputéiert - ech huelen un, dass et deene méi grouse Fraktiounen och esou geet - ginn oft eréischt vun EU-Direktive gewuer, wann hei op nationalem Niveau eng Transpositioun usteet. Dass natierlech an éischter Linn dowéinst problematesch, well déi meescht legislativ Akten op EU-Niveau vun den nationale Regierungen gemaach oder zumindest staark beaflosst ginn. Eis Regierung, entweder iwwert d'Ministren oder iwwert d'Représentatioun permanente, vertritt zu Bréssel ganz oft Positiounen, déi net onbedéngt mat eisem Parlament ofgeschwat sinn an déi sech dofir och der Kontrollfunktioon vum Parlament entzéien. Dass, aus demokratescher Siicht zumindest, ganz problematesch.

Déi Proposen, déi hei gemaach ginn, zilen drop of, fir de legislative Prozess op EU-Niveau méi fréi ze erfaassen a méi enke Suivi ze maachen, an och, fir méi oft d'Regierung op deenen Dossieren ze interpelléieren. Et geet ausserdeem drëms, dass d'Parlament méi oft Stellung hält zu europapolitischen Dossieren an dass sech méi oft mat den Europadeputéierten an der Zivilgesellschaft ausgetosch gëtt.

Mir begreifen déi Proposen a si bereet, déi Resolutioun matzestëmmen.

Ech wëll awer och direkt nach op zwou Saachen opmierksam maachen. Dass éischt ass, dass eigentlech net just déi aussepolitisch Kommissioun misst e Suivi maache vu wichtege EU-Dossieren, mee dass all Kommissioun misst den EU-Niveau an hirem Beräich am A behalen. Déi aussepolitisch Kommissioun ka warscheinlech just schwéier aschätzen, wat elo zum Beispill am Ëmweltberäich „absolument prioritaire“ - wéi et dosteet - ass. Do misst sech schon all

Kommissioun selwer d'Moyene ginn, fir dat och ze suivéieren.

Dat Zweet ass natierlech d'Fro vun de Ressourcen. Wann een dat seriö wëllt maachen, dann ass dat mat grousssem Aarbechts- an Zäitopwand verbonden, dass souwuel um Niveau vun der Chambersadministratioun wéi um Niveau vun de Fraktiounen, mee natierlech och vun den Deputéierten. An och wann ee bei der Chambersadministratioun d'Effektiver an deem Sënn verstärkt a souguer, wann een d'Fraktiounen nach eng Kéier géif weider verstärken, mussen schlussendlech awer d'Deputéiert d'Aarbecht droen. An do free mir eis, ob mer net esou lues um Limitt ukomm sinn.

Ech schwätze mol net just fir eng kleng Fraktioun, esou wéi eis. Mir si souwisou vir bäl an hanne widder, wat den Aarbechtspwand ubelaangt. Mee ech mengen, dass et och bei méi grouse Fraktiounen mat néng, zéng oder eelef Deputéierten duerchaus eng Eerausforderung ass, wann een dat konsequent wëllt maachen. Fréier oder spéider muss ee sech d'Fro stellen, ob déi 60 Hallefzäit-Deputéiert nach duerginn, fir der Responsabilitéit vun dësem Haus a vollem Ëmfang gerecht ze ginn.

Mee, wéi gesot, mir ënnerstëtze prinzipiell dës Initiativ a wäerten d'Resolutioun och matdroen. Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Oberweis. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, wéi ech dës Ried de leschte Méindeg schonn ugefaangen hat ze preparéieren, war d'Welt nach e bëssen eng aner an ech hat mer och lichter aner Punkten opgeschriwwen wéi déi, iwwert déi mer haut de Mëtteg scho geschwat hunn, an och déi, déi d'Zukunft vun Europa u sech betreffen.

Mee ier ech awer op d'Aussen- a Verdeedegungspolitik nach eng Kéier aginn, e puer Wieder als Éischt emol iwwert d'Form vun der Konferenz. D'Kollegeinnen an d'Kollegen hunn et jo scho gesot, am Mee 2021 war de grouse Startschoss a mir hatten en Zil: d'EU de Mënsche méi no ze bréngen, d'Leit méi no un d'EU erunzebréngen. An deem Kader gouf eng digital Plattform lancéiert an an all de Memberlänner hu méi kleng a méi grouss Evenementer iergendwéi stattfonnt, an dat eeben och zu Lëtzebuerg.

An natierlech huet d'Pandemie dës Projet dann och e bëssen ausgebremst. Am Wanter 2021 ware keng Evenementer sur place méiglech. Dass Digitalt ass erëm an de Vierdergrond geréckelt. An trotzdem, dass muss ee soen, trotz dem Drock, iwwert dee mer scho geschwat hunn, deen op eis gelaascht huet, hu mer et fäerdegbruecht als Chamber, als Souskommissioun, fir eisen Agenda awer nach duerchzechéien. Ech mengen, dass verdéngt e grouse Merci, virun allem an déi bedeelegt Beamtinnen a Beamten, déi do Heroesches deelweis geleescht hunn, fir deen Ordre du jour, dee mer eis selwer gesat hatten, an eng ëmmer méi kuerz Zäit ze drécken.

An och dass mer haut hei driwwer schwätzen, ass jo u sech net d'Volontéit vun der Ënnerkommissioun gewiescht, et war d'Volontéit vun der Présidence, déi gesot huet: „Mir brauchen dat elo!“ Mir hatten u sech geduecht, mir hätten nach bis an de Mee oder bis kuerz virum Mee. A mir hunn also an deem leschte Joer probéiert, d'Leit hei am Land an an der noer Grenzregioun op dës Konferenz opmierksam ze maachen an eis hir Meinungen zur Zukunft vun Europa unzehéieren.



Bei dësen Diskussiounen koumen, an dat huet jiddweree vun eis ugeschwat, vill Suergen a Wënsch op, an ech mengen, all Partei huet esou hiert fonnt, an domadder och mir Piraten, mir hunn Theeme fonnt, déi eis um Härz leien. D'Leit hunn eis vu Suergen iwwert d'Follge vun der steigender sozialer Ongerechtegkeet, vun der Klimakris, awer och vun nationalen Alenggängen geschwat.

Eng vun de Fuerderunge vun de Leit war et, an ausserpolitische Froen op europäeschem Niveau net weiderhin d'Unanimitätsregel gëllen ze loosser. Als Politiker seet een do direkt: „O, do muss een oppassen, Unanimitéit, dat schützt jo awer eis national Interessien.“ A wann een dann awer dobaussen um Terrain schwätzt, dann héiert ee ganz séier, datt d'Leit, d'Mënschen, dat net onbedénkt verstinn. A vläicht si se eis do einfach e Schratt viraus an hu verstanen, datt ëmmer nëmme Unanimitéit net funktionéiert, well eeben domadder och Kompromësser heiansdo vu vieren ausgeschloss sinn. Mir sinn nun emol zu 27. A wann een zu 27 weiderkomme wëllt, da muss ee kënnen Decisiounen huelen, och wann dann eng Kéier deen een oder aneren domadder net ganz zefridden ass.

An dëst soen ech wëssend, datt an deene leschten Deeg - elo maachen ech erëm d'Bréck zum Ufank - eng enorm Eenheet a Solidaritéit an der EU war. Ech mengen, mir hate laang keng Kris, wou d'EU esou séier, esou konsequent a virun allem och mat enger Stëmm reagéiert huet. D'Fro ass: Wéi laang hält et un? Do sinn ech ganz éierlech: Ech weess et net! A mir dierfen och net vergiessen, datt d'Welt nach virun enger Woch anescht ausgesinn huet wéi haut! Virun enger Woch huet nämlech den Europäesche Geriichtshaff nach musse verschidde Memberlänner an Erënnerung ruffen, datt et e Rechtsstaatsmechanismus gëtt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | An deem Sënn hu sech awer och verschidde Biergerinnen a Bierger, mat deene mer geschwat hunn, fir eng europäesch Arméi ausgeschwat. Och dat ass en Theema, dat mer an de leschte Wale schonn am Programm stoen haten. Elo wou awer ënner anerem Däitschland ugekënnegt huet, seng Depensen immens an d'Luucht ze setzen, muss ee sech awer d'Fro stellen, ob et nëmme d'Depensen an d'Militär sinn, déi zur Defense zielen. Mir hu grad elo erëm gesinn, datt zur Onofhängegkeet, zur strateegescher Autonomie vun Europa och gehéiert, onofhängeg vun Energiequellen aus dem Ausland ze sinn.

Ech war e bëssen erschreckt, wéi ech virdrun d'Madame Beissel héieren hunn, déi elo hei e Loblied op den LNG gesongen huet, wat eis u sech aus deem enge Camp an deen anere Camp drängt.

*(Interruption)*

Well datt mer Gas mat Schëffer iwwert d'hallef Welt kutschéieren, deelweis Gaz de schiste, also da muss een dann awer d'Kand och beim Numm nennen a soen: „LNG gëtt haut net gewonnen, andeem mer bei de Kéi en Trichter un den Hënner halen.“ Dat ass net gréng! An dat muss een och esou soen. Wa mer eng gréng Transitioun wëllen, da muss Europa a gréng erneierbar Energien investéieren. A wa mer dat wëlle maachen, da mussen déi Suen u sech och zu eisen Defenseausgaben ziele kënnen.

**Mme Simone Beissel** (DP) | Här President, erlaabt Dir, dass ech dem Här Clement eng Fro stellen? Ech mengen, en huet net richteg gelauschert.

*(Interruption)*

Ech hunn d'Madame von der Leyen zitéiert, déi voll amgaang ass, den LNG ze promouvéieren, net ech!

**Une voix** | Jo.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mir kënnen dat gären ... Dat war keng Fro, well dat muss een och esou soen, et war eng Richtegstellung. Ech mengen, wa mer de Verbatim herno liesen iwwert dësen Debat, da gesäit een, datt Der e Loblied op genau dat gesongen hutt. Dir hutt gesot: „Mir mussen nach méi bauen, well dat ass ...“

*(Interruption due à des bruits venant d'un portable)*

Okay, ech mengen, mir lauschteren hei grad iergendwou e Fussballmatch heibannen oder ...? Här President?

**M. Fernand Etgen**, Président | Jo.

*(Brouhaha)*

Huet wannechgelift Ären Apparat a gitt virun d'Dier!

*(Brouhaha)*

Voilà! Dat schéngt awer elo geklappt ze hunn. De Match ass ofgepaff.

*(Hilarité et interruption)*

Okay, Här Clement, Dir kënnt weiderfueren.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Also, ech mengen, et ass wierklech un der Zäit, ...

*(Hilarité et brouhaha)*

Pardon, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, datt et wierklech un der Zäit ass, fir all Ausgaben an d'strateegesch Autonomie vum Kontinent och kënnen als dat ze betruechten. An do gehéiert eeben och d'Energieonofhängegkeet derzou. Dat heescht, wa mer Depensen an d'Energieinfrastruktur maachen, déi eis vun Drëtten onofhängeg maachen, da solle mer déi och kënnen consideréieren.

E weidere Punkt, dee sech ganz vill Leit gewünscht hunn ass, datt eis Grenzen ni méi mussen zougemaach ginn. Och do huet d'Covidkris, mengen ech, jiddwereengem an Erënnerung geruff, wéi séier dat geschéie kann. An net nëmme hat Däitschland d'Grenzen zougemaach, nee, eis Douane huet och nach mussen an illegaler Aart a Weis d'Grenze kontrolléieren!

Och dat, mengen ech, war e Problem an och do brauche mer an Zukunft méi robust europäesch Mechanismen. Esou eppes dierf net méi virkommen! An dat hu mer awer op all Owend, dee mer mat de Leit haten, gesot kritt: d'Libre circulation, datt u sech Schengen net nëmme en Duerf un der Musel ass, wou et schéin ass, mee tatsächlech en Term ass fir e Raum, an deem sech d'Leit kënnen begéien, beweegen, an dat, ouni mussen u Grenzen Halt ze maachen. Dëst muss also och eng Prioritéit fir Lëtzebuerg sinn. Beim Theema Grenze waren d'Meenungen nämlech ganz kloer.

Vun den europäesche Sécherheetsfroen dann awer erëm zréck bei d'Ëmweltpolitik, och dat en Theema, wat ëmmer erëm ugeschwat gouf. A mir Piraten stinn och do hannert der Regierung, fir, esou wéi se et ugekënnegt huet, géint der EU-Kommissioun hir Taxonomie virzegoen. Ech mengen, och dat ass wichteg, well, an ech sot et virdrun, weeder Gas nach Atom sinn nohaltig gréng Energieressourcen! Dat muss een och esou soen.

Ech erënnere mech e bëssen un déi Pub, déi fréier an der däitscher Tële komm ass, Stroum wär giel. Ech weess net, ob sech nach een un déi Pub erënnert. Et war ëmmer esou: De Stroum ass giel. Dat war, fir datt ee bei iergendesou e Bëllegebidd, dee warscheinlech méittlerweile verschwonne ass, sollt wiesselen. Mee mir brauche Stroum, deen net giel ass, mir brauche Stroum, dee gréng ass. Mir brauche Stroum, mat deem mer onofhängeg si vun Drëtten, fir dee

mer net mussen iergendwou Uran kafen, fir dee mer net mussen iergendwou Thorium kafen oder fir dee mer net iergendwou musse Gas oder Pétrol kafen.

Mir hu vill ze vill Zäit verluer, well mer eis net éischer vu russeschem Gas an OPEC-Pétrol getrennt hunn. Mir sollten also net weider Zäit verléieren. A mir sollten eis net an nei Ofhängegkeete beginn. Mir maachen et eis als Staaten also just selwer ëmmer méi schwéier, fir eis Ziler 2030 an 2050 ze errechen.

Da sinn d'Leit och der Meenung, datt mer méi kloer musse soen, datt mer an enger Klimakris sinn. Och dat ass kloer erauskomm an et ass e Fakt. Eis Resolutioun vun 2019, déi kloer vun enger Klimakris geschwat huet an déi gefuerdert huet, eng Kommissioun dofir op d'Been ze setzen, gouf leider rejetéiert, mee mir sinn awer frou, datt mer eis do awer och ëmmer méi an déi richteg Richtung beweegen.

Här President, och a puncto Mobilitéit hunn d'Leit dobaussen eng kloer Sprooch geschwat: Si wënsche sech méi en effiktiivt europäesch Schinnennetz, wat d'Reesen iwwert d'Landesgrenzen eraus soll vereinfachen. Wann ech héieren, datt Bréissel anscheinend zéngmol méi no wéi Paräis läit! Deen huet nach ni den Zuch fir op Bréissel geholl, well, léif Kolleeginnen a Kolleegen, vu Lëtzebuerg op Paräis, dat sinn zwou Stonnen a fënnf Minutten.

*(Interruption)*

Fir vu Lëtzebuerg aus op Bréissel dauert et haut méi laang mam Zuch wéi deemools, wéi déi Schinnen ageweit goufen, an dat war am Zäitalter vun de Postkutschen. Et kann also net sinn, datt den Zuch mat der Zäit méi lues gouf, an dat, obwuel dräi Regierungen, déi franséisch, déi belsch an déi lëtzebueresch, ëmmer erëm soen, mir missten endlech den Zuch zwëschen den europäeschen Haaptstied Stroossbuerg, Bréissel a Lëtzebuerg méi séier kréien. Et geschitt einfach näischt!

Ab 2023, also dem nächste Joer - vläicht - soll d'Zuchrees bis op Bréissel u sech nëmme nach zwou Stonnen daueren. Dat war 2016 versprach ginn. Dat gesi mer dann d'nächst Joer, ob d'Vesprieche vun 2016 dann nach iergendwéi zielt. Mee ech ka mech erënneren, datt scho virun 2016 dervu geschwat gouf, datt Bréissel soll méi no kommen.

Bon, d'Geografie kënn mer net änneren, mee mir kënnen awer eis Zich méi séier maachen. Mir kënnen méi séier Schinnereseaue bauen. A säit Januar 2020 ass zum Beispill Bréissel och Deel vum europäeschen Nuetszucheseau. Lëtzebuerg ass do e bëssen ofgehaange ginn. Mir si Lëtzebuerger. Mir sinn hei zu Lëtzebuerg am Kär vun Europa, am Kär vu Westeuropa, muss een u sech soen, a mir sinn nach ëmmer net anstänneg u verschidde Reseaue ugebonnen. D'Verbindunge Richtung Däitschland muss ech guer net uschwätzen, dat ass eng eenzeg Katastroph! Och do misste kloer Investitiounen kommen.

D'Leit wëlte jo op den Zuch zréckgräifen, si wëlte manner hiren Auto oder de Fliger huelen op Strecken, wou et Sënn mécht, respektiv op Strecken, wou dann en Zuch fiert, mee dofir muss eeben och en Zuch op deene Strecke fueren! An dovu si mer awer ganz, ganz wäit ewech. A wa mer heibanne Kuerzstreckefflich wëlle verbidden - mir haten et hei an enger Motioun eng Kéier gefuerdert -, ass deen eenzeg, dee mer haut kënnen verbidden, well et eng Alternativ gëtt, Lëtzebuerg-Paräis. Alles anescht mécht kee Sënn, well weeder op Frankfurt nach op Bréissel nach op Zürich nach op Amsterdam kënnt een an enger räsonabler Zäit mam Zuch. Ech mengen, däers muss ee sech einfach bewosst sinn. Och do verlaangen d'Leit vun der europäescher Politik, vun der nationaler Politik, datt se hir Jalone setzen an datt se sech engagéieren.



Wa mer kucken, wien tatsächlech mam Zuch fuere wëllt, da sinn et natierlech och vill Jonker. Jonker, déi natierlech deelweis wëlle Geld spueren, mee déi awer och eng Conscience écologique hunn. Mee Jonker hunn awer och immens Schwierigkeeten an Europa, an zwar, fir sech um Aarbechtsmaart ze etabléieren. Mir schwätze vun EU-Länner, déi e Jugendchômage-taux vu 50 % oder méi hunn. Dat ass desastréis! Och do hu mer eng ganz Generatioun, déi mer hänkeloosen, an och do brauch et méi. An do géif ech elo wierklech iergendwann eng Kéier gäre vum lëtzebuergesche Kommissär gesinn, wou seng Pläng aboutéieren, well bis elo ass do vill gesot ginn, mee weéneeg Konkreetes um Terrain ukomm. D'Jugendgarantie war eemol als grouss Versprieche versprach ginn. Dat gräift a verschidde Länner, an anere Länner gräift et manner. Ech si frou, dass mer zu Lëtzebuerg do en Deel opgefaange kréien, mee et ass sécherlech net déi eenzeg Léisung.

*(Interruption)*

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zukunft vun Europa soll eng lieweg Zukunft sinn: interkulturell, friddlech an iwwert den digitalen an den analoge Wee matenee verbonnen. Fir dës lieweg Zukunft ze sécheren, muss d'EU an Zukunft méi oft op d'Leit dobaussen duergoen, muss se sech méi oft eens ginn. Wéi sech an deene leschten Deeg gewisen huet, ka se sech eens ginn! Dës Konferenz war e gudder Start. Mee wann all d'Remarken an d'Proposen, déi d'Leit an deenen zwielef Méint gemaach hunn, am Sand verlafen, dann ass am Endeffekt genau dat erreecht ginn, wat mer net wëllen: D'Leit gi frustréiert. Et muss e konstanten Effort vun den nationalen an den europäeschen Institutionen sinn, fir d'Europäesch Unioun méi un d'Leit erunzebréngen. An da mussen och d'Proposen ëmgesat ginn.

Et muss ee konstant op d'Mënschen an de Memberstaaten duergoen, net nëmmen all fénnef Joer eng Kéier, net ëmmer nëmmen dann, wann eng Présidence grad Loscht huet, eng Année européenne de citoyenneté auszerufen, mee en permanence. Virun allem déi Länner, déi schonn e Stéck méi wäit ewech vun den dräi europäeschen Hauptstied leien, mussen méi agebonne ginn. Et muss een och bei Projete wéi bei dëser Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa op d'Leit duergoen, déi EU-skeptesche sinn, well och Biergerinnen a Bierger, déi skeptesch zum Projet vun gemeinsamen Europa sinn, sinn Deel vun dësem gemeinsamen Europa! Dat heescht, mir mussen och op déi lauschteren a mir mussen se mat an d'Boot huelen.

Et gëtt Zäit, dass d'EU sech hei méi staark abréngt an den Narrativ net deenen iwwerléisst, déi Bréissel ëmmer fir alles d'Schold wëlle ginn, sech gläichzäiteg awer d'Täsche vollsteechen. Mir hunn ze vill Staats- a Regierungsscheffen an der Geschicht vun der EU gehat, déi u sech an der EU haaptsächlech e Selbstbedienungsladen gesinn hunn, wou se sech konnte mat Fond-structurellen d'Täsche vollsteechen, an déi gläichzäiteg doheem Anti-EU-Lobbying gemaach hunn.

Et ass dach kokass, dass de Leader vum Brexit-Mouvement a Groussbritannien sech net ze schued war, bis zur leschter Sekonn am Europaparlament sëtzen ze bleiwen, fir och nach de leschten Euro vun europäesche Sue mat heem ze huelen, obwuel e géint dës EU an d'Feld gezunn ass. Et ass dach e bësse kokass, wann en tschechesche Premierminister iwwer gewësse Strukture sech do Milliarden un Akommes aus Strukturfonen hëlt. Och do muss d'EU de Leit dobaussen weisen, dass se esou eppes eescht hëlt an dass se konsequent dogéint agéiert.

Mir brauche Vertrauen an d'EU. An dat muss d'EU sech virun allem erkämpfen. Et gëtt Zäit, dass d'EU weist, wéi staark een och als friddlech Natioun kann zesumme sinn, dass mer net mussen eng aggressiv Posture anhuelen, fir kënnen eis Ziler ze erreechen, dass mer u sech kënnen friddlech dës Kontinent weiderguidéieren. D'Politik muss d'Wuert méi oft un d'Biergerinnen an d'Bierger ginn, un déi Jonk an un déi manner Jonk. Fir ee lieweg an innovatiiv Europa brauche mer nämlech d'ënnerstëtzung an och d'Iddie vu jidderengem! Net vun uewen erof, mee all zesummen!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gusty Graas.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

*(Brouhaha)*

**M. Gusty Graas (DP)** | Merci, Här President. Ech kann Iech och direkt berouegen, ech wäert dat relativ kuerz maachen. Meng Kolleegin, d'Simone Beissel, huet jo schonn op eng ganz Rei wichteg Punkten higewisen, déi eis als Demokratesch Partei an deem Debat hei vu grousser Wichtigkeet sinn. Ech wollt awer nach op e puer aner Punkten trotzdem kuerz agoen.

Wéi gesot, de 25. März 1957 war jo e ganz wichtigen Dag, dunn ass d'EWG gegrënnt ginn - haut schwätze mer jo vun der Europäescher Unioun. Et ass normal, wann een e gewëssenen Alter huet - dat kann ee mat engem Haus vergläichen -, da fänken déi éischt Rëss un ze kommen an da muss och mol heiansdo e bësse sanéiert ginn. Duerfir mussen och elo ouni Zweifel gewësse um Haus Europäesch Unioun gemaach ginn.

A wat awer un deem Exercice hei ganz flott ass, dass ass, dass et eebe mol eng Kéier net de Politiker war, deen hei den Haaptacteur gespillt huet, mee virun allem de Bierger. Dowéinst ass dat nëmmen ze begreifen, wat an deene leschte Méint hei stattfonnt huet. An ech wëll och direkt dem Yves Cruchten a senger ganzer Ekipp felicitéieren fir déi gutt Aarbecht, déi gemaach ginn ass, och fir deen Asaz, dee se um Terrain gewisen hunn, wou se versicht hunn, mat alle Mëttelen dem Bierger Europa méi no ze bréngen. Dass ass en nobelen Exercice gewiescht an dass dat net ëmmer einfach ass, ech mengen, dass wësse mer.

Ech wollt nach kuerz op e puer Punkten agoen, haaptsächlech Aussepolitik, Sécherheet, Migratioun, Santé, d'Erweiterung an d'Gemeinsam Agrarpolitik. Deen Debat haut huet ouni Zweifel eng aner Ausrichtung kritt, wéi wa mer e viru 14 Deeg gefouert hätten, wéi et jo och ursprüngelech eng Kéier virgesi war. A spéitens elo, mengen ech, dierft awer och dee leschte Kritiker erkannt hunn, wéi wichteg dass et ass, wann ee Bündnisser um internationalen Niveau huet, sief dat d'NATO oder sief dat virun allem natierlech d'Europäesch Unioun.

Wa mer bei der Europäescher Unioun sinn: Wat vill bemängelt ginn ass a wat een och aus dem Rapport konnt erausliesen a wat och d'Bierger dobaussen, zu Recht, méi oft schonn ënnerstrach hunn, ass, dass et eeben en enger eenzegere Stëmm a gewëssene Sujeten op europäeschem Niveau feelt. An do denkt een natierlech an éischter Linn un d'Aussepolitik, et denkt een natierlech awer och un d'Sécherheetspolitik.

Leider bréngt d'Europäesch Unioun et net fäerdeg, eng Stëmm opzebauen, opzerichten, déi dann och dobaussen gehéiert gëtt. A mir hunn zwar en Héije Kommissär fir aussepolitesche Ugeleeënheeten, den Här Borrell, mee dat huet elo näischt mat der Persoun vum Här Borrell ze dinn, et huet dermat ze dinn, dass awer och hien et net esou richtig fäerdegbréngt, fir wierklech dobaussen d'Stëmm vun Europa an der Aussepolitik duerstellen. Dowéinst ass et wichteg, dass an Zukunft méi gemeinsam Aktiounen gebündelt ginn, déi dann och an deem Sënn besser eriwuerbruecht ginn.

Da si mer natierlech och ganz séier bei der Verteidigungspolitik. Do mussen sech natierlech nei Ziler gesat ginn, kloer Ziler gesat ginn. A spéitens zënter sechs Deeg si mer eis jo och bewosst, dass dat heescht, fir um Niveau vun Europa méi eng gemeinsamen Sécherheetspolitik opzebauen.

Natierlech ass een do beim Stéchwuert europäesch Arméi. Ech gi ganz gären zou, och wann ee perséinlech do gewësse Virdeeler kann opweisen, fir esou eng Struktur opzebauen, dass dat awer zu dësem Zäitpunkt nach - nach! - illusoresch ass. Ech soen „nach“, well zënter deene leschten Deeg, mengen ech, gëtt dass awer schonn aneschtens duerchdiskutiert. Et mierkt ee jo och, dass awer elo zwëschen deenen eenzelne Staaten an der Europäescher Unioun méi enk zesummeschaff gëtt. Ech wëll drop hiweisen, dass Frankräich, Italien, Däitschland a Spuenien elo zum Beispill zesumme 60 Drone fir 7,1 Milliard kaaft hunn. Dann huet een och elo bei Däitschland e Reviement gesinn. Si selwer soen, e wier historiesch - en ass och historiesch. An do huet een och gesinn, wéi séier dass eng Rei Länner awer kënnen zesummeschaffen, fir d'Ukrain militäresch ze ënnerstëtzen, soudatt do, kann ee scho bal soen, en Embryo geluecht gëtt, wéi an Zukunft eng méi gebündelt Sécherheetspolitik kann ausgesinn.

Ëmsou méi dierft ee jo och net vergiessen, dass d'Vereenegt Staate vun Amerika schonn ënnert dem Här Trump kloer gesot hunn, si wëelten net méi de Gendaarm vun der Welt spillen. Dat heescht och eppes ganz Klores fir Europa: Dass heescht, dass Europa sech muss méi ëm seng eege Sécherheet këmmern.

Et spiert een allerdéngs, dass mer op deem Gebitt do nëmmen an engem gewëssene Schleekentempo virukommen. An et gëtt jo och Leit, déi net zécken, dass ze soen. Een dovun ass de President Emmanuel Macron, dee jo och de Moment de Virsütz huet. Duerfir ass ee mol gespaant, ob den Här Macron nach elo virun de Wale vläicht seng méi kloer Virstellungen ënnerbreet, wat zum Beispill eng Sécherheetspolitik op europäeschem Niveau an Zukunft soll bedeuten.

Dann huet den Här Biden jo ganz kloer gesot, dass e sech méi eng enk Relatioun mat Europa ka virstellen.

Et dierft een och net vergiessen: Wann et eng Kéier sollt zur Kreatioun vun enger europäescher Arméi kommen, da brauch een och net de Lissabonner Vertrag ëmzënnern. Mir hunn nämlech do den Artikel 42 Paragraph 2, deen u sech d'Grundlag duerfir géif ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en anere weesentlechen, wichtige Punkt ass natierlech d'Migratiounspolitik, dass ass ganz kloer, an hei maachen ech mech zum Interpret vun dem Vizepräsident vun der EU-Kommissioun, dem Här Magaritis Schinas, dee jo elo d'lescht Woch hei op Besuch war an deen eng ganz kloer Ausso gemaach huet. En huet einfach gesot: „Et gëtt keng EU-Migratiounspolitik.“ Da kann een direkt hannendrusoen: „Also huet se och net echouéiert, wann et keng gëtt“, an dass ass natierlech



e Constat, dee ganz schlëmm ass. A grad do, mengen ech, ass awer ganz vill Nohuelbedarf. Leider hat ech net d'Chance, bei deene Gespréicher derbäi ze sinn, mee op Basis vun deem ganz exhaustive Rapport, dee gemaach ginn ass vun der Kommissioun, konnt ee jo awer feststellen - an doriwwer eraus mierkt een dat ëmmer erëm -, datt d'Migratiounspolitik awer eppes ass, wat d'Leit dobausse beweegt, an dat ass och gutt esou.

Et däerf een net vergiessen, datt zum Beispill ronn 472.000 Asylanträge aus 150 Länner 2020 an der EU gestallt goufen. An dovunner sinn der 106.000 als Flüchtlingen unerkannt. Dat waren der zwar 32 % manner wéi 2019, mee ech mengen, mir kennen alleguer d'Ursach, dat ass natierlech coronabedéngt. Déi meescht kounen aus Syrien, Venezuela, Afghanistan. Déi Zuele si vun Eurostat.

Da gouf et 2021 bis den Oktober ronn 161.600 irregulär Grenziwwerschreidungen. Dat ass natierlech e ganz seriöse Problem vun der Migration, ouni Zweifel. Déi meescht Leit kommen elo iwwert déi zentral an déi westlech Mëttelmierroute. Leider muss een awer och soen, datt bis den November d'lescht Joer do 2.598 Leit erdröck waren. Ech mengen, dat ass e Chiffer, deen engem méi wéi ze denke gëtt a wou mer och wëssen, datt mer awer onbedéngt mussen den Hiewel ëmleeden.

Wat sinn elo d'Léisungen? Wéi kënne mer do op deem Punkt weiderkommen? Virun allem muss een d'Rechter vun all deene Mënsche mol respektéieren, déi versichen, bei eis ze kommen. Dat ass eng weesentlech Virussetzung. Dat wëllt jo net heeschen, datt een automatesch d'Diere grouss opmécht, mee datt een awer zumindest déi Persounen als Mënschen unerkennt an hinnen déi Dignitéit zouerkennt, déi se och verdéngt hunn.

Dann natierlech ass et evident, datt d'Ausgrenze muss verschäerft kontrolléiert ginn. Mir hunn do en Instrument, wat Frontex heescht. Mee Frontex muss ouni Zweifel awer nach ugepasst ginn. An an Ungarn huet Frontex jo leider awer kapituléiert.

D'Kommissioun huet jo 2020 e Flüchtlingsspak presentéiert. Dat ass och gutt esou. Deen ass zwar net erfekt, mee et sinn awer zumindest eng Rei gutt Pisten, déi sech do erausgeschéilt hunn. Sécher brauche mer och an Zukunft duerfir méi en effikas Reegelwierk. An ech denken natierlech och direkt elo erëm un d'Ukrain. Ech mengen, et ass ganz kloer, mir mussen eis drop astellen, datt aus deem Land an Zukunft och nach vill méi Flüchtlinge wäerten an d'Europäesch Unioun kommen. Mir brauchen also vill méi eng Flexibilitéit, fir esou Situatiounen och kënne gerecht ze ginn. Dat heescht eeben, wéi gesot, méi schnell Prozeduren.

Da si mer natierlech och beim Stéchwuert Quoten. Do konnt ee sech bis elo net duerchsetzen, obwuel awer e gewëssene Mechanismus do agesat ginn ass. Wa mer scho bei Quote sinn - och do eng kleng Statistik -, déi differenzéiere staark vun engem Land zum aneren. E Beispill: 2020 huet d'Unerkennungsquot fir Afghanen zwëschen 1 % a Bulgarien a 94 % an Italie geschwankt. Do gesäit een also déi enorm Diskrepanz zwëschen deenen zwee Länner, eleng nëmmen, wat deen doten Aspekt ubelaangt.

Natierlech ass et awer och esou, datt mer illegale Migrante muss kloermaachen, datt een net einfach esou kann hei an d'Europäesch Unioun kommen.

Mee d'Solidaritéit - an déi vermësst ee virun allem, wéi gesot, un Niveau vun der Migratiounspolitik - muss ouni Zweifel gesteigert ginn. Et gëtt keng absolut Léisung, déi Saach ass an der Rei. Mee wéi esou oft wäert dann awer d'Solutioun an der Mëtt leien.

Engersäits kënne mer natierlech net de Rietspopulisten nolauschten, anerersäits kënne mer awer och net extremistesche Fuerderunge vu verschiddenen ONGe Recht ginn. Mir sinn nach ëmmer an engem rechtsstaatleche Raum an dee muss dann natierlech och respektéiert ginn.

Da muss ouni Zweifel och den Eurodac reforméiert ginn. A schlussendlech si mer dann natierlech och bei Dublin. Dublin ass eppes, wat scho jorelaang an der Diskussioun ass, wou ëmmer erëm versicht gëtt, Adaptatiounen ze maachen. Mee bis elo ass dat leider och ouni deen néidege Succès bliwwen. Den Här Schinäs huet zwar ugekënnegt, datt op deem Dossier do géif geschafft ginn. 2020 goufen zum Beispill no den Dubliner Virschreite 94.600 Demandé vun EU-Staaten un aner Länner weidergereicht, vun deene bei 85.200 Stéck Entscheedunge geholl goufen. An dovunner waren der 50.100, dat sinn 59 %, als positiv ugesi ginn.

Ech bleiwen dann och der Meenung, datt eng verbessert Vernetzung vun allen Informatiounssystemer muss kommen, fir datt déi Leit, déi op de Grenze Kontrolle maachen, awer informéiert sinn, wien hinnen am Fong geholl dann als Migrant vis-à-vis steet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Covidkris ausgebrach ass, ass ganz séier monéiert ginn, datt op europäeschem Niveau keng eenheetlech Gesondheetspolitik géif bestoen. Jo, d'EU huet keng Kompetenzen an der Gesondheetspolitik. Ech mengen, dat soll natierlech nach ëmmer d'Souveränitéit vun deenen eenzelne Staate bleiwen, wat awer net ausschléisst, datt eng vill méi grouss Koordination do soll geschéien. An et huet sech awer och erausgestallt, datt déi Europäesch Unioun och op deem Gebitt ka ganz séier reagéieren a gutt reagéieren. Ech wëll just hiweisen op d'Vaccinsstrategie, déi dunn awer lues a lues gegräff huet. Zum Beispill huet d'Europäesch Unioun 300 Milliounen Impfstoffdosen akaaft, an 0,14 % dovu war ënner anerem fir eist Land. An da war de sougenannte „Coronaneesopbaufong“ vu 750 Milliarde jo och relativ séier ficeliert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht nach e kuerzt Wuert iwwert d'Landwirtschaft. Ech mengen, mir sinn hei zu Lëtzebuerg de Moment an engem wichtege Prozess, wou mer eis Gedanke maachen iwwert d'GAP, iwwert d'Gemeinsam Agrarpolitik. Den Nationale Strategieplang ass jo elo fäerdeg an ass op Bréissel gaangen. Ech mengen, dat ass och d'Basis fir en neit Agrargesetz. Et ass d'GAP, déi u sech awer och eis national Landwirtschaftspolitik matdefiniert.

Sécher, och do ginn d'Meenunge vu riets no lénks a vu lénks no riets. Déi eng mengen, déi nei GAP wier net ekologesch genuch, anerer soen, si géing ze wäit. Wéi esou oft wäert dann de Kompromëss alt erëm eng Kéier an der Mëtt leien. Ech mengen, zumindest muss een awer op een Aspekt hiweisen, an dat sinn déi sougenannt „eco-schemes“ vun der éischter Sail: datt also elo d'Méiglechkeet fir den eenzelne Bauer besteet, datt e kann zousätzlech, op fräiwëlleger Basis, Efforte maachen, fir eebe méi ekologesch ze landwirtschaften, an datt en dann och kann zousätzlech an de Genoss komme vun Ënnerstëtzen. 25 % vun deene Kreditte, déi an der éischter Sail virgesi sinn, sollen dann och dofir kënne gebraucht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fro, déi sech natierlech zu deem Zäitpunkt stellt an déi och ëmmer erëm an de Gespréicher mat de Leit, zu Recht, opkomm ass, ass: Soll d'Europäesch Unioun zu deem Zäitpunkt nach nei Memberen opheuen? Mir hunn ee Member verluer duerch de Brexit. Elo kann ee soen:

„Dat ass Schnéi vu gëschter.“ Mee dat war eng mëttler Katastroph, dat kann een awer ouni Zweifel esou soen. An duerfir ass eeben elo d'Fro ze stellen, ob et richteg ass, nach op d'Sich no neie Memberen ze goen.

Mir soen a priori net Nee. Natierlech muss ganz kloer d'Krittäre vu Kopenhage respektéiert ginn. Mir hunn eng Rei Leit, déi op der Touche stinn, fir an d'Europäesch Unioun eranzekommen. Ech denken do natierlech un d'Länner vum Westbalkan: Albanien, Montenegro, Nordmazedonien. Nordmazedonien ass virun allem e potenzielle Kandidat.

An da si mer natierlech och bei der Diskussioun, déi spéitstens virgëschter lassgetrëppelt ginn ass vun der Madamm von der Leyen, datt mer der Ukrain och ollen zumindest d'Perspektiv ginn, relativ séier an d'Europäesch Unioun ze kommen. An ech maachen hei awer ..., jo, ech ënnersträichen dat, wat d'Madamm Empain virdrun hei gesot huet: A priori soll een natierlech en oppenen Esprit hunn, fir d'Ukrain gegebenefalls an d'Europäesch Unioun opzehuelen, mee et soll een awer och elo net ze vill aus Emotiounen eraus reagéieren. Ech mengen, och d'Ukrain muss awer op allen Niveaue d'Krittären erfëllen. Mee wat wichteg ass, ass, datt een esou engem Land zu deem Zäitpunkt awer eng gewësse Perspektiv gëtt, wat hinnen och grad an dëser Period dierft zousätzlech Courage ginn.

Ech mengen, wat d'Tierkei ubelaangt, do ass d'Positioun vun der Demokratescher Partei nach wie vor ganz kloer: Dat ass fir eis keen Thema. Soulaang de Regime Erdoğan do herrscht, ass et inakzeptabel, datt eng Tierkei iwwerhaupt emol d'Chance nach kritt, fir engem méi seriöse Monitoring ënnerzunn ze ginn, fir eventuell eng Kéier Member vun der Europäescher Unioun ze ginn!

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll domadder och ofschléissen, net ouni awer nach eng Kéier dee wichtege Reflexiounsprozess, deen hei an deene leschte Wochen a Méint gemaach ginn ass, ervirzestrichen. Ech mengen, d'Demokratesch Partei, wat eng ganz kloer proeuropäesch gesënnte Partei ass a mat Sécherheet och wäert bleiwen, wäert sech nach wie vor derfir asetzen, datt Europa staark gëtt, nach méi staark gëtt, well - et kann een et net oft genuch widderhuelen - déi lescht Deeg hu bewisen, datt mer méi wéi jee och eng staark Europäesch Unioun an Zukunft brauchen!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Graas. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

### Résolution 1

Mir kommen zur Resolutioun, déi bei dëser Debatt ofgi ginn ass. Den Här Cruchten freet d'Wuert nach.

**M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur |** Merci, Här President. Als Rapportier wollt ech just all den Intervenanten, déi hei de Mëtte ...

(Brouhaha)

... geschwat hunn, e grouse Merci soe fir hir Bäitrag. Ech weess, dat heiten ass en ermiddenden Exercice, wat och e bëssen un eise laange Riedezäiten hänkt. Mee vläicht ass et och symbolesch, well fir Europa an déi europäesch Konstruktioun brauch een dacks e laangen Otem. Mee ech mengen, dass mer am Endeffekt kënne ganz houfreg sinn, dass mir als Chamber déi Debatt hei gefouert hunn, deen Exercice mat de Bierger eescht geholl hunn, och wann een am Nachhinein ëmmer kann Enseignement zéien a soen:





„Dat ass gutt gelaf“, „Dat ass manner gutt gelaf“. Mee dat hëlleft eis dann, all zukünfteg Debatt nach besser ze preparéieren. Op alle Fall sinn ech frou, dass mir deen Exercice hei zesumme gemaach hunn. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. Ech mengen, deene Wieder kann een nëmmen zoustëmmen.

Da kënnen mer elo iwwert d'Resolutioun ofstëmmen. Kënnen mer à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

#### Vote sur la résolution 1

Wie mat dëser Resolutioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Resolutioun eestëmmeg ugeholl.

**Une voix** | Très bien!

### 6. Résolution relative à l'adoption du rapport « Quel avenir pour l'Europe ? Résultats de la campagne de consultation des résidents du Luxembourg par la Chambre des Députés dans le cadre de la Conférence sur l'avenir de l'Europe » sous forme d'avis politique

#### - Article 179 du Règlement de la Chambre des Députés

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Souskommissioun « Avenir de l'Europe » vun der aussepolitischer Kommissioun proposéiert, en Avis politique un d'europäesch Instanzen, déi d'Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa matorganiséiert hunn, ze riichten an hinnen de Rapport vun der zoustänneger Kommissioun zoukommen ze loossen. Den Avis politique vun der zoustänneger Souskommissioun « Avenir de l'Europe » vun der aussepolitischer Kommissioun ass un Iech a Form vun enger Resolutioun verdeelt ginn.

(Brouhaha)

D'Prozedur, déi applizéiert gëtt, ass gereegelt am Artikel 179 vum Chambersreglement. Laut dësem Artikel gëtt ouni Diskussioun iwwert den Avis politique ofgestëmmt.

#### Vote sur la résolution

Wie mat dëser Resolutioun d'accord ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Resolutioun ass also och eestëmmeg ugeholl.

Ech soen Iech Merci. Ech leeden deen Avis dann un déi zoustänneg europäesch Instanze weider.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung si fir den 8., 9. an 10. Mäerz virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 19.47 heures.)

## Questions au Gouvernement

### Sommaire

| Objet                                                                                         | N°   | Auteur                         | Page | Objet                                                         | N°   | Auteur                 | Page |
|-----------------------------------------------------------------------------------------------|------|--------------------------------|------|---------------------------------------------------------------|------|------------------------|------|
| Mesures sanitaires dans les écoles                                                            | 5844 | Martine Hansen                 | 91   | eMobilité                                                     | 6086 | Fred Keup              | 95   |
| Pénurie de chauffeurs de bus                                                                  | 5875 | Jeff Engelen                   | 91   | Construction d'un pont dans le Centre nature et forêt Burfelt | 6140 | André Bauler           | 95   |
| Ressortissants luxembourgeois en Ukraine                                                      | 5892 | Laurent Mosar                  | 92   | Marquage des pistes cyclables                                 | 6156 | Carlo Weber            | 96   |
| Crédit d'impôt monoparental                                                                   | 5905 | Diane Adehm                    | 92   | Raton laveur                                                  | 6159 | André Bauler, Max Hahn |      |
| Agressions envers des citoyens russes                                                         | 5912 | Fernand Kartheiser             | 93   | Embargo sur l'énergie russe                                   | 6185 | Fred Keup              | 97   |
| Déclaration d'impôts                                                                          | 5922 | Dan Biancalana                 | 93   | Infrastructure sportive pour les écoles à Echternach          | 6196 | Fred Keup              | 97   |
| Octroi de l'allocation de vie chère et de la prime énergie aux personnes vivant en colocation | 5970 | Djuna Bernard, Jessie Thill    | 93   | Communauté bahá'ie                                            | 6205 | Fernand Kartheiser     | 98   |
| Prise en charge conseil en énergie                                                            | 5975 | Fred Keup                      | 94   | Sécurité à l'Aéroport de Luxembourg                           | 6216 | Mars Di Bartolomeo     | 98   |
| Élevage en masse des animaux                                                                  | 6001 | Marc Goergen                   | 94   | Éclairage des bâtiments publics                               | 7051 | Gilles Roth            | 98   |
| Réforme des études de santé                                                                   | 6021 | Martine Hansen, Claude Wiseler | 94   |                                                               |      |                        |      |

#### Mesures sanitaires dans les écoles | Question 5844 (01/03/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

A senger Äntwert vum 1. Mäerz 2022 op déi parlamentaresch Fro Nummer 5601 zu der Entwécklung vun de Covid-19-Fäll bei de Kanner a Jugendlechen an zu eventuellen zousätzleche Moosnamen schreift den Här Educatiounsminister ënner anerem, dass „opgrond vun der favorabler Evolutioun vun den Infektiounszuelen [...] eng Rei vu Lackerunge vun de sanitäre Mesuren agefouert“ goufen. Hie verweist op d'Ofschafe vun der Quarantaine an déi nei Dispositiounen ronderëm d'Sortie aus dem Isolement. Dës Mesurë wieren och an de Schoulen ëmgesezt ginn, heescht et weider.

Doriwwer eraus schreift den Här Minister: „Parallèll zu der Entwécklung an eisen Nopeschlänner wäerten d'Moosnamen an de Schoulen nach eng Kéier virsiichteg adaptéiert ginn, dëst nodeems am Laf vun der leschter Woch sämtlech Schoulpartner consultéiert goufen.“

An deem Kontext wëllt ech folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

1. Wat sinn d'Conclusiounen vun de Consultatiounen vun de Schoulpartner?

2. Wéi eng Upassunge sinn an de Schoule geplangt?

**Réponse** (26/04/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. + 2. Déi favorabel Evolutioun vun den Infektiounszuelen huet effektiv eng Lackerung vun de sanitäre Mesuren erlaabt: Esou goufen duerch d'Gesetz vum 11. Februar d'Quarantänen ofgeschafft an nei Dispositiounen ronderëm d'Sortie aus dem Isolement agefouert.

D'Unzuel vun de Schnelltester gouf ab dem 7. Mäerz op een Test pro Woch limitéiert.

Mam Gesetz vum 11. Mäerz 2022 gouf d'Maskepflicht an de Schoulen opgehewen, an déi peri-

paraschoulesch Aktivitéite konnten erëm ouni Restriktiounen organiséiert ginn.

Zanter dem Enn vun der Ouschtervakanz fënnt keen Testing méi an de Schoule statt.

Wéi an der Vergaangenheet goufe sämtlech Schoulpartner virum Akraafttriede vun dëse Mesurë consultéiert.

#### Pénurie de chauffeurs de bus | Question 5875 (04/03/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

Am Artikel „In Luxemburg werden die Busfahrer knapp“, deen den 18. Februar am „Lëtzeburger Wort“ publizéiert gouf, heescht et, datt mir zu Lëtzebuerg op ëmmer méi e staarke Mangel u Buschauffere duerstieren an datt dës Problematik bei Chauffeuren, déi op d'mannst Basiskenntnisser am Lëtzebuergeschen opweisen, besonnesch staark ausgeprägt ass. Als Ursaache ginn nieft der feelender



Attraktivitéit vum Beruff ënner anerem den héije Mindestausbildungsalter vun 21 Joer an déi laang Waardezäite bei der Formatioun zu Suessem genannt. Et ass op där anerer Säit awer och esou, datt Lëtzebuerg an der Mobilitéit op eng ganz grouss Selbstännegkeet vu senger Bierger zeréckgräife kann, well d'Zuel vun Erwuessene mat engem Füherschäin an oft souguer mat engem eegenen Auto immens héich läit.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gären dës Froe stellen:

1. Wéi ass déi Decisioun motivéiert, datt jonk Leit de Busföherschäin zu Lëtzebuerg réischt mat 21 Joer kënnen maachen? Gëtt eng zäitno Gesetzesännerung envisagéiert, fir datt besonnesch jonk Leit, déi d'Schoul entweeder scho virum Alter vun 18 Joer verlooss hunn oder se kuerz duerno verloossen, direkt mam Erreeche vun der Groussjäregkeet eng Perspektiv an deem Beruff kënnen fannen?

2. Gesäit den Här Verkéiersminister eng zäitno Erhéijung vun der Kapazitéit vum CFC zu Suessem vir? Kéint hie sech eng Gesetzesännerung virstellen, déi et neie Chaufferen erméiglecht, hire Beruff nees auszeüben, während si op eng Plaz an dëser Formatioun waarden, an esou och éischt Erfarunge kënnen sammelen?

3. Kann den Här Minister matdeelen, wéi wäit hien déi individuell Mobilitéit och an Zukunft wëllt ënnerstëtzen, fir déi uewe genannt mobil Selbstännegkeet vun der Gesellschaft am Fall vun engem Enkpass beim ëffentlechen Transport méiglechst effizient notzen ze kënnen?

**Réponse** (08/04/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. D'Alterslimiten, déi de Code de la route virgesäit (21 Joer fir d'Kategorie D1 an D1E a 24 Joer fir d'Kategorie D an DE) kommen aus der europäescher Füherschäinsdirektiv a sinn deemno an all Memberstaat déi selwecht. Et kann een awer och scho mat 21 Joer de Busföherschäin (D) maachen, dofir muss een dann awer d'Berufsausbildung vun 280 Stonnen beim Centre de formation pour conducteurs zu Suessem (CFC) maachen. Et kann een och scho mat 23 an enger Formatioun vun 140 Stonnen als Buschauffeur (D) schaffen oder mat 21 op enger Linn, déi dann awer net méi laang wéi 50 km dierf sinn (D) oder ouni Limit mat engem Gefier vun der Kategorie D1.

ad 2. Fir déi zweet Fro erlaben ech mir, fir op meng Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 5508 och vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen zu dem selwechte Sujet ze verweisen. Wat d'Fueren zu Berufszwecker op engem Bus ugeet, ier een déi néideg Formatioun gemaach huet, esou léisst déi europäesch Direktiv dat net zou.

ad 3. De Moment ass et zwar net einfach, fir zousätzlech Chauffere fir den ëffentlechen Transport ze rekrutéieren, mee d'Buslinne kënnen awer all um gewinnnten héijen Niveau assuréiert ginn.

**Ressortissants luxembourgeois en Ukraine** | Question **5892** (07/03/2022) de **M. Laurent Mosar** (CSV)

Alors que la guerre en Ukraine se poursuit et que la situation sécuritaire s'y dégrade tous les jours, l'insécurité se fait aussi ressentir en Russie où de plus en plus de compagnies aériennes décident de suspendre leurs liaisons vers la Russie.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères :

1) Combien de citoyens et résidents luxembourgeois se trouvent actuellement en Ukraine et en Russie ?

2) Qu'en est-il de leur sécurité ?

3) Quels efforts sont déployés pour rapatrier des citoyens et résidents luxembourgeois de l'Ukraine et de la Russie qui veulent quitter le pays, respectivement d'assurer leur sécurité sur place ?

**Réponse** (08/04/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1) Le Ministère des Affaires étrangères et européennes a connaissance d'une personne de nationalité luxembourgeoise, qui est actuellement encore en Ukraine, et qui a indiqué vouloir y rester pour le moment.

En ce qui concerne la Russie, selon le Registre national des personnes physiques, 31 ressortissants luxembourgeois y avaient une adresse enregistrée au 31 décembre 2021. 7 citoyens ou résidents luxembourgeois ont annoncé leur séjour en Russie sur la plateforme « Lëtzeburger am Ausland (LamA) ». En l'absence de d'obligation de s'inscrire auprès de l'ambassade, le Ministère des Affaires étrangères et européennes ne dispose toutefois pas de moyens de savoir de manière déterminée combien de ressortissants et résidents luxembourgeois se trouvent actuellement en Russie.

ad 2) L'Ambassade du Luxembourg accréditée en Ukraine est en contact régulier avec la personne susmentionnée.

Notre Ambassade à Moscou entretient pour sa part des contacts réguliers avec les ressortissants et résidents luxembourgeois dont la présence est connue. Chaque ressortissant ou résident luxembourgeois est libre de quitter le territoire russe à tout moment.

ad 3) L'agression militaire de la Russie a rendu des rapatriements de l'intérieur de l'Ukraine impossible. Tous les citoyens et résidents luxembourgeois présents en Ukraine, à l'exception de la personne susmentionnée, ont pu quitter le pays. L'Ambassade du Luxembourg accréditée en Ukraine a maintenu un contact régulier avec les concernés afin de leur apporter conseil et assistance. Tout citoyen ou résident luxembourgeois, qui le souhaite, peut quitter la Russie grâce aux moyens de transports commerciaux, même si l'offre est devenue plus limitée.

**Crédit d'impôt monoparental** | Question **5905** (09/03/2022) de **Mme Diane Aehm** (CSV)

Le crédit d'impôt monoparental (CIM) a été introduit en 2008 en remplacement, avec effet à partir de l'année 2009, de l'abattement monoparental. Via une loi du 23 décembre 2016 portant mise en œuvre de la réforme fiscale 2017, le montant du CIM a été doublé (de 750 euros à 1.500 euros) pour les monoparentaux disposant de revenus imposables ajustés inférieurs à 35.000 euros. Il a, à cette occasion, été décidé de baisser ledit CIM progressivement à 750 euros pour les revenus imposables ajustés situés entre 35.000 euros et 105.000 euros.

Le CIM est accordé, sur demande, en principe sur base d'une (i) fiche de retenue d'impôt, ou (ii) déclaration d'impôt sur le revenu.

Au regard de ce qui précède, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre des Finances :

1) Madame le Ministre peut-elle m'informer sur le nombre de personnes disposant de revenus imposables ajustés en dessous de 35.000 euros et ayant

bénéficié de l'intégralité du CIM de 1.500 euros pour les années 2017, 2018, 2019, 2020 et 2021 ?

- Quel est le pourcentage de ces personnes par rapport au total de monoparentaux disposant de tels revenus et ayant demandé de bénéficier du CIM ?

- Quelles sont les allocations (pensions alimentaires et autres) qui ont diminué le plus le montant du CIM à allouer aux différents bénéficiaires ?

2) Madame le Ministre peut-elle me fournir les informations demandées sub 1) pour les monoparentaux disposant de revenus de plus de 105.000 euros ?

3) Madame le Ministre peut-elle m'informer sur (i) le nombre de personnes ayant demandé l'attribution du CIM via leurs déclarations d'impôt et (ii) le nombre de personnes n'en ayant pas bénéficié par la suite pour les années 2017, 2018, 2019, 2020 et 2021 ?

4) Combien de personnes ayant fait la demande décrite sub 3)

(i) ont su bénéficier du CIM après réclamation,

(ii) auraient pu en bénéficier, si elles avaient réclamé pour les années 2017, 2018, 2019, 2020 et 2021 ?

**Réponse** (08/04/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Le CIM est, depuis la réforme fiscale 2017, lié au revenu imposable du contribuable. Ainsi, pour des revenus imposables inférieurs à 35.000 euros, le CIM s'élève à 1.500 euros, et il diminue progressivement à 750 euros lorsque le revenu imposable augmente à 105.000 euros.

Le CIM est à diminuer de 50 % du montant des allocations de toute nature dont bénéficie l'enfant, dans la mesure où elles dépassent respectivement le montant annuel de 2.208 euros ou le montant mensuel de 184 euros. Par allocations il y a lieu d'entendre les rentes alimentaires, le paiement des frais d'entretien, de garde, d'éducation et de formation professionnelle, etc.

Vu que fin février 2022, uniquement environ 70 % des déclarations relatives à l'année d'imposition 2020 ont été traitées, et moins de 2 % des déclarations relatives à l'année d'imposition 2021, les chiffres présentés ci-après se limitent aux années d'imposition 2017 à 2019.

Le nombre de contribuables à revenu imposable inférieur à 35.000 euros et touchant l'intégralité du CIM, donc 1.500 euros, respectivement à revenu imposable supérieur à 105.000 euros et touchant 750 euros, s'élève à :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Le pourcentage des personnes à revenu imposable inférieur à 35.000 euros et touchant le CIM intégral de 1.500 euros, par rapport à l'ensemble des monoparentaux à revenu imposable inférieur à 35.000 euros et touchant le CIM, est constant et s'élève à 35 % sur l'ensemble de la période analysée. Pour les personnes à revenu imposable supérieur à 105.000 euros, ce pourcentage s'élève à approximativement 45 % sur l'ensemble de la période visée.

L'Administration des contributions directes (ACD) ne saisit pas de détail sur la nature de l'allocation versée, uniquement un montant global par contribuable étant renseigné. Par conséquent, l'ACD ne dispose pas d'informations exploitables sur le type d'allocation venant en déduction du crédit d'impôt.

Le CIM est accordé, sur demande, soit sur base d'une fiche de retenue d'impôt, soit sur base d'une déclaration fiscale. En date de février 2022, le nombre de personnes ayant obtenu le CIM s'élève à :



(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Compte tenu de la différence de définition d'un ménage au sens démographique et d'un ménage au sens fiscal, l'ACD ne dispose pas d'un recensement des familles monoparentales en tant que telles et ce recensement ne rentre pas dans les prérogatives de ses missions.

#### Agressions envers des citoyens russes | Question 5912 (10/03/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

De Krich an der Ukrain léist och an der Lëtzebuurger Gesellschaft déif Emotiounen aus, deelweis och ganz negativer. Verschidde russesch Matbierger soen, datt si Affer vu politesch motivéierten Ugrëff gi sinn, andeems si zum Beispill Haassmessages an d'Bréifboîte geheit kruten. Et soll och schonn Tëscheffäll gi sinn, bei deene Leit kierperlech aggresséiert goufen, z. B. well si e russesche Virnumm hunn oder russesch geschwat hunn.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Wéi eng Informatiounen huet d'Regierung zu Akte vu Russophobie an eiser Populatioun? Wéi steet d'Regierung zu dësen Virgänger? Gesäit si an dëser ugespaanter Situatioun e besonnenen Handlungsbedarf, fir eis russesch Matbierger besser ze protegéieren, zum Beispill ënner Form vun enger Sensibiliséierungscampagne?

2. U wéi eng zoustänneg Instanze kënnen déi betraffe Bierger sech adresséieren?

3. Verschiddentlech gëtt och rapportéiert, datt russesch Kanner an de Schoule speziell Probleemer hunn, déi mat der Krichssituatioun zesammenhängen? Gëtt d'Léierpersonal op de Problem sensibiliséiert?

**Réponse commune** (08/04/2022) de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. D'Regierung huet Kenntnis vu vereenzelten Akte vu Russophobie zu Lëtzebuerg, déi hir zougedroe goufen, respektiv an der Press zitéiert goufen. Op Basis vun dësen Informatiounen kann d'Regierung allerdéngs net drop schléissen, datt Russophobie e generelle Problem an der Populatioun duerstellt, mee vu ganz weënege Persounen ausgeet.

All Bierger, deen Affer vun enger Strofdot ass, oder berechtigt Hiwaiser huet, dass en et kéint ginn, kann a soll sech dann och un d'Police adresséieren. Dowéinst bitt d'Police op hirer Internetsäit ënnert de Rubricke „Prévention“ an „Aide aux victimes“ an dräi Sproochen (FR/EN/DE) Preventiounsmaassnamen a Verhalensmesuren un.

D'Regierung verurteilt all Form vun Haass an Diskriminatioun opgrond vun der ethnescher Zougehéierregkeet. De Staatsminister huet de 4. März op enger Pressekonferenz seng Solidaritéit mat deene ville russesche Bierger ausgedréckt, déi sech a Russland an zu Lëtzebuerg géint de Krich an der Ukrain ausgeschwat hunn. De Staatsminister huet op der nämmelecher Pressekonferenz och en Appell géint Russophobie zu Lëtzebuerg gemaach.

Dem Parquet vu Lëtzebuerg an dem Parquet vun Dikrech ass momentan eng (1) Affär vu Russophobie bekannt. An deem Kontext ass et wichteg ze erwänen, dass et ëmmer e gewëssen Delai gëtt tëscht dem

Moment vun der Plainte an der Kommunikatioun vun der Plainte un de Parquet. Et sief awer och bemierkt, dass den informatesche System vun de Justizautoritéiten et net erlaabt, fir eng Recherche a Funktioun vun der Nationalitéit ze maachen.

ad 2. De Centre pour l'égalité de traitement (CET) ass eng Ulafstell an dësem Kontext. Bei Strofdoten oder Fäll, wou d'Sécherheet oder d'physisch Intégréitéit vun de Bierger kompromettéiert ass, sollen d'Bierger sech un d'Police adresséieren.

ad 3. Fir d'Enseignanten am objektiven Thematiséieren vum Krichsgescheien an der Ukrain am Allgemengen ze ënnerstëtzen, stellt den Zentrum fir politesch Bildung de Schoulen op sengem Internetsite ënnerschiddlech Tools an zousätzlech Informatiounsquellen zur Verfügung, déi während dem Unterrecht an enger transversaler Approche kënnen genotzt ginn. Speziellesch fir d'Schüler aus de Grondschoule kënnen d'Enseignantë weidert pedagogesch Material zum Thema Krich an der Ukrain an engem aktuellen Dossier vum „Zentrum Polis“ aus Éisträich notzen.

Zousätzlech huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an Zesammenaarbecht mat Kannerpsychologen een Depliant an dräi Sproochen erstallt, deen d'Elteren doranner soll ënnerstëtzen, de Krich mat hire Kanner doheem ze beschwätzen.

Iwwert déi eenzel Offeren huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend sämtlech Partner vun de jeeweilege Schoulcommunitéite via Newsletter de 4. März 2022 informéiert an heibäi dorop higewisen, datt et a Krisenzäite wichteg ass, fir de Kanner Sécherheet an Orientéierung ze ginn. Des Weidere soll am scholesche Kontext mat de Kanner iwwer hire Empfannen, hir Besoinen an hir Ängscht geschwat ginn, an d'Enseignanten esouwéi och dat sozioedukatiivt Personal sollen hinne ganz objektiv Informatiounen zum Krich ginn. Dank der Opklärung an dem Dialog iwwert d'Thema Krich an der Ukrain soll séchergestallt ginn, dass déi vum honorabelen Deputéierten ugeschwate Situatiounen an de Schoulen net opkommen.

#### Déclaration d'impôts | Question 5922 (11/03/2022) de M. Dan Biancalana (LSAP)

An de leschte Wochen huet d'Steierverwaltung nees Bréiwer u privat Stéit verschéckt, an deenen d'Leit drop higewise ginn, dass si bis den 31. März 2022 hir Steuererklärung fir d'Joer 2021 mussen ofginn. Bei ville Leit ass et awer esou, dass si nach keng Ofrechnung vun hirer Steuererklärung fir d'Joer 2020 kritt hunn.

Ech wéilt dofir folgend Froen un d'Madamm Finanzminister stellen:

1. Kann d'Madamm Finanzminister mir soen, wéi vill Steuerklärungen fir d'Joer 2020 nach net traitéiert goufen?

2. Wéi hunn d'Retarde sech iwwert déi lescht Joren entwéckelt?

3. Ginn et Statistiken driwwer, ob dës Retarde jee no zoustännegem Steuerbüro variéieren?

4. Huet dës Variatioun eppes domat ze dinn, dass verschidde Büren ënnerbesat sinn an dofir der Aarbecht net méi Meeschter ginn?

5. Ass d'Madamm Minister net der Meenung, dass dee Bréif, deen alljoers verschéckt gëtt, an Zäite vun der Digitalisatioun absolut net méi zäitgeméis ass an och kéint duerch Online-Avis resp. Annoncen an Zeitunge kéint ersat ginn.

#### Réponse (08/04/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Bis Enn vum Mount Februar 2022 sinn ongeféier 70 % vun den 314.500 immatrikuléierten Dossiere fir d'Steierjoer 2020 besteiert ginn. Déi restlech 30 % befanne sech gréisstendeels an der Instruktionsphas um jeeweilege Steuerbüro. Ee klengen Deel dovunner, ronn 3 %, si bis haut nach net eragereecht gi vum Steuerzueler.

Obwuel d'Steierverwaltung ee stännege Wuesstem un Dossieren ze verzechnen huet, sinn d'Retarde progressiv erofgaangen iwwert déi lescht Joren. Dës positiven Aspekt ass ënner anerem doduerch bedéngt, well d'Steierverwaltung kontinuierlech opgestockt ginn ass mat Personal.

Ausserdem gi sämtlech Steuerbüro reegelméisseg op Basis vun den immatrikuléierten Dossieren iwwerpréift an d'Personalkapazitéiten esou zäitno wéi méiglech adaptéiert, fir eventuelle Retarden entgéintzewirken.

Aus dem Paragraf 166 vun der „Abgabenordnung“ geet ervir, datt de Bierger verpflichtet ass, eng Steuererklärung ofzeginn, wann d'Steierverwaltung hien dozou opfuerdert. Dës Opfuerderung muss doduerch perséinlech geschéckt ginn a kann net duerch ee globalen Online-Avis ersat ginn.

#### Octroi de l'allocation de vie chère et de la prime énergie aux personnes vivant en colocation | Question 5970 (22/03/2022) de Mme Djuna Bernard | Mme Jessie Thill (déi gréng)

Complémentairement à l'allocation de vie chère, qui a connu une augmentation en début d'année, le Gouvernement a décidé d'introduire une prime énergie pour les ménages les plus vulnérables à cause de la hausse exceptionnelle des prix de l'énergie. Cette prime unique po urra davantage être demandée par les ménages dont le revenu est jusqu'au seuil de 25 % supérieur au revenu éligible pour l'allocation de vie chère.

Une des conditions ancrées dans le règlement du Gouvernement en conseil modifiant le règlement du Gouvernement en conseil du 19 novembre 2021 relatif à l'octroi d'une allocation de vie chère pour pouvoir profiter de cette aide financière et accordées par le Fonds national de solidarité, est celle de vivre dans une communauté domestique. Selon la loi du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale « sont présumées former une communauté domestique toutes les personnes qui vivent dans le cadre d'un foyer commun, dont il faut admettre qu'elles disposent d'un budget commun et qui ne peuvent fournir les preuves matérielles qu'elles résident ailleurs ».

Dans ce contexte, nous aimerions savoir de la part de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration :

- Madame la Ministre peut-elle préciser les conditions sous lesquelles les personnes vivant en colocation au Luxembourg sont considérées comme « communauté domestique » pouvant bénéficier de l'allocation de vie chère et de la prime énergie ?

#### Réponse (08/04/2022) de Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

Pour l'analyse de la communauté domestique, le Fonds national de solidarité (FNS) se base sur les informations que les personnes indiquent dans le formulaire de demande et sur les informations fournies par le Registre national des personnes physiques. Comme la loi du 29 mars 2016 modifiant la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques



a abrogé le certificat de composition de ménage, les unités de logement gérées par les communes membres du Syndicat intercommunal de gestion informatique (SIGI) constituent un repère-clé pour déterminer la communauté domestique. Le FNS se réfère aussi aux données relatives à la propriété du logement ou aux indications du contrat de bail pour connaître les personnes vivant en communauté domestique, conformément à la définition donnée par la législation relative au Revenu d'inclusion sociale (REVIS). Lorsque la détermination de la communauté domestique pose problème ou si une vérification plus détaillée est nécessaire, le FNS procède à une vérification moyennant une visite à domicile. L'appréciation d'une communauté domestique peut donc aussi se faire sur base d'une situation de fait.

Quant à la colocation, le FNS considère les colocataires comme des communautés domestiques à part si chaque personne concernée possède un contrat de bail séparé faisant état des dépenses que la personne doit prendre en charge et de la précision des locaux occupés seul et en commun. Il est nécessaire aussi que les parties concernées versent chacune sa part de loyer au bailleur, qui ne doit pas habiter dans ce logement. Cette manière de procéder permet de différencier quant au principe du budget et du foyer commun afin de pouvoir considérer, le cas échéant, une personne vivant en colocation comme un ménage à part. Le FNS est aussi de plus en plus saisi de contrats de bail établis par des agences immobilières spécialisées dans les colocations.

Le FNS prend donc en compte la colocation en vue d'attribuer l'allocation de vie chère et la prime énergie, par analogie aux critères retenus dans le cadre de l'attribution du REVIS.

#### Prise en charge conseil en énergie | Question 5975 (23/03/2022) de M. Fred Keup (ADR)

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5766 schreift d'Regierung zu der Méiglechkeet, e Klimaprêt fir d'energeetesche Sanéierung vun engem private Logement unzefroen, ënner anerem dat hei: „Dës Zuele weisen, datt de Klimaprêt net den erhofften an néidegen Erfolleg kennt, wéi et néideg wier, fir engersäits déi energetesche Renovatiounen vun eelerer Bausubstanz virunzedreien an anerersäits grad deene Stéit mat méi niddregen Akommes ze hëllefen.“ Weider schreift d'Regierung och: „Nieft anere Mesurë wéi zum Beispill de Subside vun der PRIME House, soll de Klimaprêt et erméiglechen, bei enger Renovatioun den Energieverbrauch ze reduzéieren an d'Nohaltegkeet vum Gebai ze verbesseren. Fir dass dat geléngt, ass bei dëse Renovatiounen eng Energieberodung virgesinn. Dës Berodung mat Projetsbegleedung duerch een agréierten Energieberoder [...] Zu dëser u sech begrëssenswäerter Moosnam gouf mir zougedroen, datt Bierger oft mat an engem héije véierstellege Betrag müssen a Virleeschung goen, ouni awer ze wëssen, ob si d'ënnerstëtzung zougesot kréien, wat grad fir Leit, déi net vill verdéngen, e grouse finanziellen Zousazrisiko duerstellt, dee lichter kann ofschrecken.“

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- Kann d'Regierung dës Virgänger bestätegen? Falls jo, kann d'Regierung elaboréieren, firwat d'Leit net och am Fall vun engem negativen Avis, e Remboursement vun dëse Berodungskäschte kënnen ufroen, besonnesch well jo d'Zil, „grad deene Stéit mat méi niddregen Akommes ze hëllefen“, bis ewell net erreicht gouf?

**Réponse commune** (26/04/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Henri Kox**, Ministère du Logement

Laut dem Paragraf 5 vum Artikel 8 vum Gesetz vum 23. Dezember 2016<sup>1</sup> gëtt d'Energieberodung just subventionéiert, wann op d'mannst eng Moosnam ëmgëtt gëtt, déi och gefërdert gëtt, an d'Gesetz gesäit keng Ausnam vir fir Stéit mat nidderegem Akommes.

Allerdéngs kann all Bierger am Virfeld vun der Energieberodung bei der Klima-Agence (Ex-MyEnergy) eng Grondberodung kréien, déi gratis ass. Déi Berodung soll dem Bierger hëllefen, e Besuch ze kréien, wéi eng energeetesche Sanéierung a sengem Fall sënnavoll kënne sinn, an och, wéi eng Subsidien et heifir gëtt. Dës Grondberodung geet allerdéngs generell net duer, fir e konkret Konzept auszuschaffen a fir d'Subsidien ze berechnen.

Fir dem Bierger weiderzëhëllefen, gesäit d'Gesetz dorwäert eraus säit dem 1. Januar 2017 engersäits vir, datt virun den Aarbechte muss en „accord de principe“ ugefrot ginn a andersäits och, datt de Beroder muss bei der Ëmweltverwaltung agréiert sinn. Hei geet et drëm ze vermeiden, datt Leit Mesuren ëmsetzen a bezuelen, déi herno net eligibel sinn, an dem Bierger och vun Ufank un eng Planungssécherheet ze ginn.

Den Accord de principe gëtt virun den Aarbechte vun der Ëmweltverwaltung kontrolléiert a garantéiert soumat dem Bierger, datt wann hien d'Aarbechten esou mécht ewéi ugefrot, hien och d'Hëllef kritt. Natierlech zielt dat just, wann d'Aarbechten och esou ausgefouert ginn, ewéi se vun der Verwaltung accordéiert gi sinn. Fir all Ännerung während dem Projet ka vun der Verwaltung hir keng Garantie iwwerholl ginn, datt een d'Subsidien och ausbezuelt kritt.

Den agréierte Beroder, deen de Bierger während der ganzer Sanéierung begleet, kennt d'Gesetz gutt an hëllef dem Bierger dobäi, déi richteg Decisiounen am Kader vu senger Sanéierung ze huelen.

#### Élevage en masse des animaux | Question 6001 (30/03/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

E groussen Deel vun eiser Gesellschaft erniert sech bal all Dag vu Fleeschprodukter. Dës setzt viraus, dass fir d'Fleesch fir d'Konsumenten hierzustellen, massenhaft Déiere müssen ëmbruecht ginn. A villen Dokumentarfilmer, Reportagen an Zeitungsartikelen ass schonn iwwert dës Masseproduktioun bericht ginn, déi op Déierentransporter, Schluechthaiser a vill Déiereleed baséiert. Des Weideren ass d'Fleeschproduktioun immens ressourcenintensiv a verursaacht vill Offallprodukter an eiser Loft (CO<sub>2</sub>), am Buedem oder am Waasser.

Fir vun der Masseproduktioun a senger Konsequenzen ewechzekommen, muss dee ganze System ëmgekrempt ginn: D'Déierenzucht an d'Fleeschherstellung kënne méi nohalte ginn.

Et existéiere schonn Alternativen zur Massendéierenzucht. Esou hale verschidde Leit a kleng Gesellschaften hei am Land hir Déieren op fräier Fläch dobaussen. Dës Form vun Haltung eegent sech souwuel fir Déierefrënn, mee och fir Produzenten vun héchster Qualitéit vu Fleesch. Grad bei Schwéngelfleesch, wou d'Bauern ënner héijem Präisdruck

schaffe müssen, stellt d'Haltung vu Schwäin um Fräiland eng respektvoll Alternativ zur Masseproduktioun duer.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Landwirtschaft dës Fro stellen:

1. Wéi vill Betriber a Privatpersounen halen hir Schwäin zu Lëtzebuerg an der Fräilandhaltung?

2. Wéi ass d'Haltung vu Schwäin am Fräiland zu Lëtzebuerg gesetzlech gereegelt?

3. Wéi eng Geneemegung sinn erfuerderlech, fir Schwäin am Fräiland dierfen ze halen a wie stellt déi Geneemegungen aus?

4. Wéi steet de Landwirtschaftsminister zu der Promotion vun der Fräilandhaltung vu Schwäin? Wéi eng Aktiounen vum Ministère promouvieren d'Fräilandhaltung?

**Réponse** (29/04/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Hei zu Lëtzebuerg hu mir siwe professionell Schwéngshalter an zéng Hobby-Schwéngshalter, déi Schwäin an der Fräilandhaltung hunn.

ad 2. Fir Fräilandhaltung vu Schwäin muss eng Geneemegung beim Direkter vun der Veterinärsinspektioun ugefrot ginn.

ad 3. Follgend Konditiounen sinn ze erfëllen:

- Parzelle müssen eng duebel Clôture hunn, fir all Kontakt mat de Wëllschwäin ze vermeiden, d'Fudder muss esou gelagert sinn, dass keng Wëllschwäin druckommen, an et muss een Ennerstand zur Verfügung stoen.

- All Betrib muss d'Méiglechkeet hunn, seng Schwäin am Fall vum Ausbruch vun enger Seuch an een zouene Stall ze huelen.

- All Ausgänge si sou ze sécheren, dass keng friem Persounen Zougang hunn.

ad 4. Prinzipiell ass de Landwirtschaftsminister averstane mat der Fräilandhaltung vu Schwäin ënnert der Bedingung, dass souwuel d'Konditiounen vun der Déieresondheet wéi och déi vum Déiereschutz respektéiert sinn.

#### Réforme des études de santé | Question 6021 (04/04/2022) de Mme Martine Hansen | M. Claude Wiseler (CSV)

De 5. Mee 2021 huet d'Regierung eng gréisser Reform vun de Gesondheetsberuffsformatiounen ugekënnegt mam Zil, fir d'Rentrée 2023/2024 e Bachelorstudiegang fir „infirmier de soins généraux“ op der Universitéit vu Lëtzebuerg unzëbilden. Déi follgend Jore sollen dann nach véier Bachelorstudiegänge fir spezialiséiert Infirmieren an zwee Bachelorstudiegänge fir d'Hiewammsformatioun nokommen.

Gläichzäiteg gesäit d'Gesetz vum 11. Januar 1995 iwwert d'Reorganisation vun den Infirmiëresschoule vir, dass fir all Froen oder Reglementer betreffend d'Formatioun vum Gesondheetspersonal e Comité interministériel säin Avis kann ofginn, respektiv sollicitéiert ka ginn, deen niewent dem Direkter vum LTPS, aus zwee Delegierte vum Gesondheetsministère an dräi Delegierte vum Héichschoulministère zesummegeass ass.

An dësem Kontext géife mir gär follgend Froen un d'Madame Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung stellen:

<sup>1</sup> Loi du 23 décembre 2016

1. instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement ;

2. modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre



1. Ass den uewe genannte Comité interministériel schonn eng Kéier zesummekomm, fir iwwert déi geplangte Reform vun de Gesondheitsberuffsformatiounen ze diskutéieren?

2. Am Fall, wou de Comité interministériel schonn eng Kéier zu dësem Sujet zesummekomm ass, wéi eng Conclusioun goufen zeréckbehalen, respektiv wat war den Avis vum Comité interministériel zu der geplangter Reform vun de Gesondheitsberuffsformatiounen?

3. Ass e méiglechen Avis zu der Reform vun de Gesondheitsberuffsformatiounen op eng Demande vum Gesondheitsministère oder dem Héichschoulministère zeréckzeféieren, oder ass deen aus enger eegener Initiativ vum Comité interministériel ervirgaangen?

4. Wéi ass déi aktuell Zesummesetzung vum Comité interministériel?

5. Wien assuréiert de Moment d'Presidence vum Comité interministériel?

**Réponse commune** (17/05/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Den uewe genannte Comité interministériel ass aktuell nach net zesummekomm, fir iwwert déi geplangte Reform vun de Gesondheitsberuffsformatiounen ze diskutéieren an zwar aus follgende Grënn: D'Reform vun de Gesondheitsberuffsformatiounen, déi d'Regierung envisagéiert, betrëfft net nëmmen d'Ministèren, déi am Comité interministériel vertruede sinn, mee och aner Ministèren. Dofir gouf d'Decisioun geholl, fir d'Aarbechten net an de besteende Comité interministériel ze ginn, an deem de Gesondheitsministère an den Educatiounsministère vertruede sinn, mee en Aarbechtsgrupp anzesetzen, an deem och den Héichschoulministère, de Familljeministère an de Ministère fir sozial Sécherheet vertruede sinn; dëst, fir all concernéiert Ministère mat un engem Dësch ze hunn.

ad 2. N.A.

ad 3. N.A.

ad 4. D'Zesummesetzung, d'Organisatioun an de Fonctionnement vun dësem Comité sinn duerch e Règlement grand-ducal vum 15. Mee 1995 fixéiert. D'Membre vun dësem Comité gi vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an dem Gesondheitsministère genannt fir eng Dauer vun dräi Joer a setzt sech aus sechs Membres effectifs zesummen:

- 3 Verrieder aus dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, dorënner den Direkter vum Lycée technique fir d'Gesondheitsberuffer (LTPS);

- 3 Verrieder vum Gesondheitsministère. Fir all Membre effectif gëtt ee Membre suppléant genannt.

ad 5. D'Presidence vum Comité interministériel gëtt laut dem Règlement grand-ducal vum 15. Mee 1995 vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend assuréiert an ass an deene vergaangene Joren ëmmer vun dem Directeur adjoint vum Service vun der Formation professionnelle vum Educatiounsministère assuréiert ginn.

**eMobilité** | Question **6086** (21/04/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Lëtzebuerg subventionéiert d'E-Mobilitéit mat Primmen, déi dacks iwwert deenen aus dem Ausland leien. Esou en elektrescht Gefier, dat zum Deel mat

Steiersue finanzéiert gëtt, muss de Propriétaire siwe Méint halen, ier hien et dierf weiderverkafen. Da gëllt et och als Occasioun, bei där hirem Verkaf keng TVA méi ufällt.

An deem Kontext hätt ech dës Froen:

1. Wéi vill Autoe si bis elo vum Staat subventionéiert ginn? Wéi vill Autoen dovun sinn u Betriber gaangen? Wéi vill verschidde privat Propriétaires hu vun deem Programm profitéiert?

2. Wat sinn d'Subventiounen fir E-Mobilitéit an d'TVA-Sätz fir esou Gefierer an deenen aneren EU-Länner? Gëtt et eng Limit, wat Gefierer ugeet, déi eng privat Persoun dierf mat Ënnerstëtzung vum Staat kafen? Gëtt et eng Limit oder eng Héchstzomm beim Verkafe vun Occasiounen?

3. Wéi vill vun deenen Autoe fueren zur Zäit nach op de Lëtzebuurger Stroossen?

4. Wéi vill sinn der ofgemellt an exportéiert ginn?

5. Wat sinn d'Länner, wou déi meeschten E-Autoen higaange sinn, a gëtt et en Zesammenhang mat relativ niddrege Subventiounen fir E-Autoen respektiv mat héijen TVA-Sätz bei Neigefierer an deene Länner?

6. Wéi nohalteg fannen d'Madamm Ëmweltminister an den Här Transportminister et, wa mat Elektroautoen Exportgeschäfte a Profitter gemaach gi wäeren, déi vum Steuerzueler zu engem groussen Deel finanzéiert gi sinn?

**Réponse commune** (27/06/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Am Ganze goufe bis elo 7.056 Primme fir Elektroautoe (reng elektresch a plug-in hybrid) ausbezuel. A ronn 43 % vun de Fäll konnte privat Besëtzer vum Programm profitéieren, bei 57 % sinn d'Primmen u Betriber gaangen. Dës Prozentsaz ëmfaasst och de Volet vum „leasing opérationnel a financier“.

ad 2. Eng Oplëschtung vun all de finanziellen Ureizer, déi et an den eenzelen EU-Memberstaaten fir elektresch Stroossegefierer gëtt, fënnt een op der Säit vum „European Alternative Fuels Observatory“ (<https://alternative-fuels-observatory.ec.europa.eu/>) vun der Europäescher Kommissioun. D'Form vun de finanziellen Ureizer variéiert deelweis staark vun engem Land zum aneren a sinn domadder net ëmmer einfach vergläichbar. Et sief awer drop higewisen, datt eenzel Länner, wéi zum Beispill Däitschland, Primme fir 100 % Elektroautoen an Aussicht stellen, déi deelweis méi héich wéi hei zu Lëtzebuerg sinn.

Dat modifizéiert groussherzoglecht Règlement vum 17. Mäerz 2019 gesäit keng Limit vir, wat d'Unzuel vu subventionéierte Gefierer ugeet, déi vun enger privater Persoun (oder engem Betrib) kënnen ugefrot ginn. Fir datt een immatrikuléiert Gefier eligibel fir eng Primme ass, muss dëst ënner anerem op d'mannst siwe Méint op de Requirerant ugemellt sinn. De Projet vun dem groussherzogleche Règlement, fir d'Primmen ze verlängeren, gesäit awer vir, datt fir nei Demanden dës Mindestdelai vun der Detention vum Gefier op zwielef Méint erhéicht gëtt.

Wat d'TVA ubelaangt, soll nach präziséiert ginn, datt net eleng den Delai vu sechs Méint ausschlaggebend ass, fir datt ee Gefier als nei ugesi gëtt, mee datt een zweete Facteur hei spillt an dat ass de maximale Kilometrage vu 6.000 km. Deemno gëtt ee Gefier esou laang als nei ugesinn, an ënnerlaid der TVA zum jeeweilegen TVA-Saz vum Land, wou d'Gefier agefouert gëtt, wéi eng vun den zwou Konditiounen erfëllt ass.

ad 3. Vun de 7.056 Elektroautoen, fir déi säit 2019 eng Primme ausbezuel gëtt, sinn der aktuell nach 6.219 zu Lëtzebuerg immatrikuléiert.

ad 4. Laut der SNCA goufe vun deenen 837 Elektroautoen, déi net méi zu Lëtzebuerg ugemellt sinn, der 26 temporär ofgemellt a kënnen zu all Moment nees ugemellt ginn. An zwielef Fäll gouf den Auto verkaf an d'Immatrikulationskaart un d'SNCA zréckginn, soudatt hei net ersichtlech ass, ob d'Gefier hei am Land oder an d'Ausland verkaf gouf. Sechs Gefierer goufe säitdeem entsuergt, wat héchstwahrscheinlech op een Accident mat engem Vollschoed schléisst léisst. Bei zwee Gefierer ass déi temporär Umeldung ofgelaf.

791 Elektroautoen, déi eng Primme vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung accordéiert kruten, goufe laut den Informatiounen vun der SNCA exportéiert. Dës Gefierer waren an der Moyenne 17 Méint zu Lëtzebuerg ugemellt.

Et sief awer bemierkt, datt laut den Zuele vun der SNCA iwwert de selwechten Zäitraum, also säit Ufank 2019, parallel 815 Elektroautoen aus dem Ausland op Lëtzebuerg importéiert goufen. Well dës Autoen net hir éischt Immatrikulatioun zu Lëtzebuerg haten, sinn dës Gefierer net eligibel fir d'Primme vum Staat. Et kann awer sinn, datt d'Acquisitioun vun de Gefierer an de jeeweilege Länner finanziell ënnerstëtzt gouf.

Vergläicht een d'Importzuele vun 815 Autoen mat den Exportzuelen (791 Autoen), wou ee Subsid bezuel gëtt, esou gläicht sech dëst zimlech aus, an et stellt prinzipiell den normalen Handel vun Autoen duer.

ad 5. D'SNCA stellt fir Autoen, déi an den Export ginn, nëmmen eng Attestatioun fir den Export aus. Et leie keng Informatiounen driwwer vir, wou dës Gefierer nees ugemellt ginn.

ad 6. Primme vum Staat si geduecht, fir de Präisënnerscheed zu engem equivalente Gefier mat Verbrennungsmotor zum Deel auszegläichen an doduercher d'Karboniséierung vum Fierpark zu Lëtzebuerg ze acceleréieren. Dës staatlech Primme sinn net geduecht, fir domadder Profitter ze maachen, an dowéinst goufe vun Ufank un och kloer Reegelen geholl, fir een eventuelle Mëssbrauch ze verhënneren, wéi zum Beispill den Delai vu mindestens siwe Méint, während deem den Auto muss op de Requirerant ugemellt sinn. Wéi uewen ugekënnegt, soll den Delai op 12 Méint erhéicht ginn. Een Export vu Gefierer, ob elektresch oder net, ass een normale Virgang op engem fräie Marché.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N° 3452 präziséiert, wäert d'Regierung d'Situatioun weiderhi genee analyséieren a bei Bedarf entsprecheend Moossname virgesinn, fir een Export vun de staatleche Primmen ze erschwéieren.

**Construction d'un pont dans le Centre nature et forêt Burfelt** | Question **6140** (04/05/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Schonn zanter Joren ass de Bau vun enger sougenannter Hängebréck iwwer de Stauséi an der Héicht vum Burfelt am Gespréich. Dës Bréck géif sécherlech dozou bäidroen, fir d'Géigend ronderëm de Stau aus touristescher Siicht ze valoriséieren, well se ënner anerem erlaabt géif, d'Spadséierweeër nei ze organiséieren. Donieft wier déi Bréck och u sech schonn eng weider Attraktioun fir d'Regioun.

Op kommunalem Niveau goufen dann och scho Pläng skizzéiert an een Argumentationsdossier zesumme-gestallt. No mengen Informatiounen ass den Tourismusministère dësem Projet prinzipiell gutt gesénnt.



An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Ass den Ëmweltministère scho mat dësem méigleche Projet befaasst ginn? Wa jo, wéi bewäert de Ministère dësen Projet?

2. Huet den Här Minister d'Méiglechkeet, fir dësen Projet, deen och ënner bestëmmte Bedéngungen an den Déngscht vun der duusser Mobilitéit gestallt kéint ginn, ze subventionéieren - och wann en net direkt un den nationale Vëlosreseau ugeschloss ka ginn?

3. Gouf et do schonn am Virfeld Kontakter mam Naturpark, de Gemengen an dem Tourismusministère? Wa jo, wat ass d'Resultat dovunner?

**Réponse commune** (21/06/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. François Bausch**, Ministère de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Et gouf eng éischt Entrevue tëscht dem Buergermeeschter vun der Gemeng Bauschelt an de lokalen a regionale Verrieder vun der Naturverwaltung (ANF) ufanks 2021, an där sech een éischten Iwwerbléck verschafft gouf, wat d'Geneemegungsprozeduren ugeet.

Am Hierscht 2021 war dunn eng Entrevue mat de Gemengeresponsablen, der deemoleger Madamm Ministesch Carole Dieschbourg an de Beamte vun der ANF, Verrieder vun der Waasserverwaltung a Conseilleren aus dem Ministère. An der Reunión huet d'Madamm Ministesch der Gemeng gesot, si kéinten um Projet weiderschaffen a sech mat de regionale Beamten um Terrain austauschen, woubäi de Projet einfach gehale sollt ginn a sech diskreet an d'Landchaft sollt upassen. Déi néideg Etüde missten natierlech den Impakt op d'Natur bewäerten.

ad 2. Fir kënnen e Subsid fir de Bau vun engem Vëlositineraire beim Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten ze kréien, musse gewësse Konditiounen erfëllt sinn. Den Artikel 7 vum modifizéierte Gesetz vum 28. Abrëll 2015 iwwert den nationale Vëlosreseau leet hei de Kader fest, a wéi enge Fäll d'Gemengen e Subsid an Usproch kënnen huelen.

Dee vun de Gemenge proposéierten Itinéraire muss gewëssen technesche Konditiounen entsprechen, déi am Artikel 3 vum genannte modifizéierte Gesetz festgeluecht sinn. Den Itinéraire muss e Raccord/eng Ubannung un den nationale Vëlosreseau virgesinn (dat heescht, de Vëlositineraire soll eng Agglomeration oder een Deel vun enger Agglomeration un den nationale Vëlosreseau ubannen). D'Kohärenz vum nationale Vëlosreseau muss duerch dësen Itinéraire gestärkt ginn.

D'Utschlëss, déi d'Gemenge kreéieren, fir den nationale Vëlosreseau un een auslännesche Vëlosreseau unzubannen, kënnen och e Subsid kréien. Dëst géllt fir deen Deel vum Itinéraire, deen um lëtzebuergeschen Territoire läit.

Am Sënn vum modifizéierte Gesetz vum 28. Abrëll 2015 erfëllt déi vum honorablen Deputéierten thematiséiert Hängebréck iwwer de Stauséi an der Héicht vum Buerfelt déi hei opgezielte Konditiounen fir eng staatlech Subvention säitens dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten net.

ad 3. De 27. Januar 2022 gouf et eng Entrevue tëscht dem Schäfferot vun der Gemeng Bauschelt, Verrieder vum Naturpark Uewersauer an der Generaldirektioun fir Tourismus. An dësem Kader gouf den Avant-projet vun der Passerell virgestallt. Et gouf sech dorop geeenegt, datt d'Generaldirektioun fir

Tourismus an enger éischer Phas am Kader vum 10. „plan quinquennal“ eng preliminär Etüd vun der Gemeng Bauschelt kofinanzéiert.

**Marquage des pistes cyclables** | Question 6156 (06/05/2022) de **M. Carlo Weber** (LSAP)

Iwwert déi lescht Deeg gouf an enger Dageszeitung eng Serie zum Thema Vëlofuere publizéiert. Als Fazit gëtt ënner anerem gezunn, dass d'Sécherheet bei de Vëlosweeër eng weesentlech Roll spillt. Déi Sécherheet entsteet engersäits duerch eng gutt Infrastruktur, anerersäits duerch d'Sichtbarkeet vum Vëlo op der Strooss. Eng Méiglechkeet, fir méi op de Vëlo opmierksam ze maachen, ass eng kloer Kennzeechnung vu Vëlospueren. Dofir wier et wichteg, wann ee plazeweis op flächendeckend rout markéiert Vëlospueren zeréckgräife kéint. Duerchgängeg rout Vëlospueren op der Strooss sinn awer net am Code de la route virgesinn. Aktuell ass dat just bei Kräizunge méiglech.

An deem Zesummenhang wëll ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten dës Froe stellen:

- Ass geplangt, de Code la route deementspreechend ze änneren, fir dass Vëlospueren an Zukunft kënnen rout markéiert ginn?

- Wann net, wat sprécht dogéint?

- Wa jo, bis wéini wier mat dëser Upassung ze rechnen?

**Réponse** (28/06/2022) de **M. François Bausch**, Ministère de la Mobilité et des Travaux publics

Den honorablen Deputéierte stellt sech Froen iwwert de roude Marquage op Vëlosweeër a -spueren.

De Code de la route erlaabt a senger aktueller Fassung net, fir de Belag vu Vëlosweeër oder -spuere rout ze marquieren.

Et ass awer e Projet um Instanzewee, fir dës Disposition am Code de la route unzupassen. Dësen Projet gesäit vir, datt an Zukunft déi sougenannte „Konfliktberäicher“, also Plazen, wou sech den Auto an de Vëlo eng Infrastruktur deele mussen an et doduerch zu geféierleche Situatiounen komme kann, zum Beispill op Kräizungen, duerch e roude Marquage kënnen ervirgehuewe ginn, fir besonnesch de Vëlosfuere als vulnerablen Usager besser ze schützen. Dësen Marquage bedeit, dass den ëffentlechen Raum do fir Vëlosfuere geduecht ass, mee beseet awer net, dass de Vëlosfuere do d'Prioritéit huet.

De Staatsrot ass den 29. Mäerz 2022 mat dem Projet, fir de Code la route deementspreechend ofzeänneren, befaasst ginn.

Et sief an dësem Zesummenhang nach erwänt, dass d'Infrastrukture wéi Vëlospueren oder Zebrasträife fir Vëloen, wou de Vëlosfuere d'Prioritéit par rapport zum anere Verkéier huet, ëmmer duerch spezifesch Schëlde an och duerch en duerchgezunnene wäisse Marquage gekennzeechent sinn.

Effektiv ass et aus méi Hisiichte wichteg, fir zousätzlech zu de Schëlde, och um Buedem op eng Vëlosinfrastruktur opmierksam ze maachen. Engersäits weist dat dem Cyclist intuitiv, wou seng Plaz ass a wouhinnersäi Wee weidergeet. Anerersäits weist et gradesou intuitiv deene Leit, déi anescht ewéi mam Vëlo ënnerwee sinn, also zum Beispill ze Fouss, mam Auto oder mam Camion, wou mat Cyclisten ze rechnen ass. Den uewe beschriwwene Marquage op de Konfliktberäicher ass ee Moyen, fir dat ze errechen. Och tëscht dësen Konfliktberäicher ass et

awer nëtzlech, dem Cyclist an dem Netcyclist duerchgängeg dem Vëlo seng Plaz ze weisen. Do kann amplat mat Marquage mat engem spezifesch Revêtement geschafft ginn, deen eng erkennbar Faarf huet. Esou ass jo an Holland all Vëlosinfrastruktur roudelzeg - séif et mat rout teintéiertem Stroossebelag oder mat rout teintéierte Steng. Dëse Wiedererkennungswert ass ee vun de Grënn, firwat een an Holland och op Plazen, wou een nach ni woer, säi Wee mam Vëlo awer immens liicht fënnt, anerersäits d'Automobilisten ëmmer wëssen, wou mat Cyclisten ze rechnen ass.

**Raton laveur** | Question 6159 (06/05/2022) de **M. André Bauler** | **M. Max Hahn** (DP)

De Wäschbier ass zu Lëtzebuerg scho laang keng Seelenheet méi. D'Populatioun vun dëser invasiver Spezies ass enorm gewuess, zënter si an den 1970er-Joren zu Lëtzebuerg opgetaucht ass. D'Upassungsfähigkeit vun dëser Spezies huet dozou gefouert, dass si sech ëmmer méi an urbane Gebidder usidelt, wouduerch et och ëmmer méi zu Kontakter mat Mënsche kënn.

An deem Kader wollt mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Wéi héich gëtt d'Populatioun de Moment geschätzt?

2. Gëtt et verschidden Zorte Wäschbieren zu Lëtzebuerg?

Wa jo, wéi eng Zorte wieren dat?

3. Op wéi eng Manéier suivéiert den Ëmweltministère d'Populatioun vun de Wäschbieren?

4. Wéi effikass waren d'Efforten, d'Populatioun ze reguléieren, bis elo? Wéi vill Wäschbiere sinn an de leschte fënnf Joer pro Joer geschoss ginn?

5. Hält d'Madamm Ministesch et fir noutwendeg, d'Efforten ze verstärken? Wa jo, wat genee ass virgesinn, fir déi invasiv Aart Meeschter ze ginn?

6. Ass virgesinn, d'Bevëlkerung ze sensibiliséieren, wéi ee sech verhält soll, wann een engem Wäschbier, engem Déier dat net ganz ongeféierlech ass, begéint?

**Réponse** (21/06/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Et gëtt keng Schätzungen zu der Populatioun vum Wäschbier. Wëll Déieren zielen oder schätzen ass extrem schwéier.

ad 2. Et gëtt eng Aart hei zu Lëtzebuerg, de Procyon lotor.

ad 3. Den Trend vun der Populatioun gëtt via d'Ofschosszuelen duerch d'Jeeër suivéiert. D'Verbreedung vum Wäschbier gëtt ausserdeem am mam Reseau vu Fotofallen am Land suivéiert. Generell kann ee constatieren, dass d'Aart sech kontinuierlech no Süden ausbreit.

ad 4. De Wäschbier ass eréischt säit dem Juegdjoer 2011/2012 bejorbar. Hei sinn d'Ofschosszuele bis 2020, aus dem Bulletin technique de l'Administration de la nature et des forêts en matière de gestion de la faune sauvage et de chasse (BT), Nr. 8:

(graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

An hei déi geografesch Verbreedung vum Ofschoss aus de Juegdjoren 2013/2014 (Quell: BT Nr. 3) an 2019/20 (Quell: BT Nr. 8):

(graphiques à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).



Aus deenen Zuele gesäit een, dass d'Juegd weeder d'Augmentatioun vun der Densitéit nach d'Ausbredung no Süde konnt stoppen, soudass se mat grousser Warscheinlechkeet relativ wéineg regulatoreschen Impakt op d'Populatioun huet.

ad 5. Den Dr. Ulf Hohmann, ee renomméierte Wäschbierexpert an Europa, sot an der Conclusioun vu sengem Virtrag, deen hien den 22. Oktober 2021 zu Esch gehalen huet, zum Thema Wäschbier: „Gekommen, um zu bleiben.“ De Wäschbier wäert opgrond vu senger Liewensweis, sengem Ausbreedungs- a Fortplanzungsverhalen net méi aus Europa an domadder och net aus Lëtzebuerg verschwannen.

Fir den Émgank mat där Aart zu Lëtzebuerg gouf extra en Aktiounsplang ausgeschafft an 2020 publizéiert. Zil vun deem Aktiounsplang ass eng kontrolléiert Gestiou vun der Wäschbierpopulatioun, fir hiren Impakt op déi eenheemesch Aarten ze verréngere an ze verhënnere, dass si sech en urbaniséierte Beräicher ausbreeden (<https://environnement.public.lu/dam-assets/documents/natur/plan-d'action-eee/2020/PA-EEE-Procyonlotor.pdf>). Dozou gehéiere punktuell Faangaktiounen a sensibelen Naturschutzgebitter, fir d'Biodiversitéit an deene Gebitter virun där invasiver Aart ze schützen. Am meeschte beträff sinn d'Vigel, virun allem déi, déi um Buedem bréien, well d'Wäschbier ganz einfach un d'Eeër oder déi kleng Vigel kommen an dës friessen. Awer och op bedroten Aarte vun Amphibien a Séisswaassermuschelen huet de Wäschbier en negativen Impakt. Zousätzlech zu de Regulatiounsmaassnamen beinhalt den Aktiounsplang och Sensibiliséierungs- an Iwwerwaachungsmaassnamen vun där Aart.

ad 6. De Wäschbier gehéiert der Famill vun de Klengbieren un an huet näischt mat der Famill vun de Bieren ze dinn. Et ass ee Marderverwandte wéi och de Marder an den Dachs an ass net méi geféierlech wie déi Déieren. D'Natur- a Bëschrverwaltung (ANF) huet eng Broschür „Waschbären und Marderhunde in Luxemburg“ (1. Oplag 2021) entwéckelt, déi iwwert de Wäschbier an d'Problemer mat där Aart opkläert. Déi Broschür gouf am Mäerz 2022 verëffentlecht an ass gratis bei der ANF ze bezéien an och online ofrufbar: [https://environnement.public.lu/dam-assets/fr/conserv\\_nature/publications/2022/ANF-MARDE-RHUNDWASCHBAER-2022-web.pdf](https://environnement.public.lu/dam-assets/fr/conserv_nature/publications/2022/ANF-MARDE-RHUNDWASCHBAER-2022-web.pdf).

#### Embarco sur l'énergie russe | Question 6185 (12/05/2022) de M. Fred Keup (ADR)

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6042 schreift den Här Energieminister zu dem potenziellen Impakt vun engem Embargo vu russeschem Gas a Pétrol ënner anerem dat hei: „Falls et an Europa den nächste Wanter dann awer zu Liwwerschwieregkeeten am Gas sollt kommen, da mussen effektiv gegebenefalls déi grouss Betriber als éischt ofgeschalt ginn, fir dass Haushaltsclienten, déi als geschützt gëllen, weider kënne beliwwert ginn. Hei gëtt et genee Pläng, déi vun den Netzbedreiwer ausgefouert ginn a wou, ofhängeg vun de Volummen, déi feelen, festgeluecht ass, wéi eng Kategorie vu Betriber ofgeschalt mussen ginn.“

Dozou géif ech dem Här Energieminister gär dës Nofro stellen:

1. Huet den Här Minister déi betreffen Entreprise vertraulich doriwwer ënnerriicht, dass si fir den Eeschtfall op enger entsprecherender Lëscht gefouert ginn an ënnert wéi enge Viraussetzungen dësen Zenario gräift, fir dass si dat an hirem Betribsplang mat kalkuléieren kënne?

2. Kann den Här Minister matdeelen, a wéi engem Delai déi betreffen Entreprene iwwert den Antrëtt vum Eeschtfall informéiert ginn, fir dass si de Betribsolaf a besonnesch och komplex techneschen Anlage kontrolléiert kënnen eröffnen?

3. Kann den Här Minister matdeelen, ob a Kooperatioun mat de betreffenen Entreprene scho Sozialpläng ausgeschafft goufen, wéi d'Mataarbechter iwwert den entsprecherenden Zäitraum kënnen opgefaange ginn?

**Réponse commune (20/06/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie**

Den Artikel 18 vum ofgeännerte Gesetz vum 1. August 2007 iwwert d'Organisatioun vum Gasmarché gesäit vir, dass d'Gasnetzbedreiwer an aussergewöhnleche Situatiounen déi d'Sécherheet, d'Zouverlässigkeet oder d'Effikassitéit vun de Gasnetzer a Fro stellen, all Moosnamen mussen huelen, fir deem entgéintzewirken. Zu deene Moosnamen kann och d'Ennerbriechung vun der Versuergung gehéieren.

An deem Kontext haten d'Bedreiwer vun de Gasnetzer sech schonns 2009 zesummegesat, fir een éischte sougenannte Plan de délestage auszuschaffen. Dëse Plan de délestage beschreift, wéi, de Fall gesat, de Gasverbrauch duerch Ofschalt vu verschidde Kategorien vu Verbraucher kann der Situatioun ugepasst ginn, woubäi d'Haushaltsclienten sou laang wéi méiglech solle versuergt kënne ginn. Dee Plan de délestage ass eng leschte Kéier am Februar 2022 vun de Gasnetzbedreiwer ugepasst ginn. D'Netzbedreiwer hunn doropshin déi potenziell betraff Verbraucher ugeschriwwen an si iwwert hire Rôle am Kader vum Plan de délestage higewisen.

Am Fall wou d'Netzbedreiwer dee Plan de délestage missten zur Uwendung komme loosse, hânt et vun der Urgence vun der Situatioun of, wéi laang am Viraus déi betraff Verbraucher informéiert kënne ginn, woubäi et een Uleies ass, fir déi Ukënnegung sou laang am Viraus ze maachen wéi nëmme méiglech.

Et ass net auszuschléissen, dass, wa verschidde Entreprene duerch d'Uwendung vum Plan de délestage hir Produktioun oder hir Aktivitéit mussen aschränken oder aussetzen, dat och Auswierkungen op d'Beschäftegung vun de Mataarbechter vun där Entreprise kann hunn. De Comité de conjoncture befaasst sech an enger vu sengen nächste Reuniounen mam Zenario vun esou engem méiglechen Ausfall a beréit iwwert wéi en Instrument fir déi betraff Mataarbechter gegebenefalls kënne Léisunge fonnt ginn.

#### Infrastructure sportive pour les écoles à Echternach | Question 6196 (16/05/2022) de M. Fred Keup (ADR)

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5018 vum 27. September 2021, huet d'Regierung zu der Reorganisatioun vum Schoulsport, déi opgrond vun der Zerstéierung vun der Gemengesportshal duerch d'Héichwaasser am Juli 2021, souwuel um Niveau vun der Primärschoul wéi vum Iechternacher Lycée, néideg gouf, dat hei geschrivven: „Duerch déi exemplaresch Zesummenaarbecht vu sämtleche concernéierte Partner vun der Schoulcommunautéit konnt unhand vun enger Émorganisatioun vun de Stonnepläng a Verbindung mat Kooperatiounen mat den Nopeschgemenge kuerzfristig eng Léisung fonnt ginn, fir de Schüler och weiderhin ee flotten an ofwiesslungsgräiche Sportunterricht ze erméiglechen.“

Zum Volet vum Schwammunterrecht war dat heiten ze liesen: „Aktuell ass et leider fir d'Iechternacher

Grondschoul net méiglech, de Schwammunterrecht ofzehalen, mee och heifir gëtt aktuell intensiv no Léisunge gesicht, soudatt och dee viraussichtlech am Wanter stattfanne kann.“ Zu der Fro vun der weiderer Kooperatioun tëschent Lycée a Gemeng an deem Dossier huet d'Regierung dunn nach dat hei geäntwert: „Den Iechternacher Lycée huet direkt no der Iwwerschwemmung, an de Reuniounen mat der Gemeng an deenen anere staatlechen Instanzen, säin Averständnes signaléiert, fir dass d'Gemeng eng provisoersch Sportshal op deem Terrain kann opriichten [...] De Projet vun der provisoerscher Sportshal ass nach an der Ufanksphas an dowéinst sinn d'Diskussiounen iwwert d'Ennerhaltskäschten nach net ofgeschloss.“

Am Artikel „Ich bin maßlos enttäuscht“, deen den 12. Mee am „Lëtzeburger Wort“ publizéiert gouf, huet et awer geheescht, dass de Projet vun enger provisoerscher Gemengesportshal, deen an Zesummenaarbecht mam Iechternacher Lycée um Terrain vun deem selwechte sollt realiséiert ginn, opgrond vun engem Eclat tëschent der Gemeng an der Direktioun vum Lycée elo annulléiert gouf. D'Containere, déi zu engem Käschtepunkt vun 8 Milliounen Euro vun der Gemeng fir dëse Projet bestallt goufen an am Juni geliwwert ginn, sollen elo op der Wiss tëschent der Gare an dem Fussballterrain opgeriicht ginn. Dëst gouf méiglech, well d'Gemeng deen entsprecherenden Terrain scho viru Jore fir de potenziellen Ausbau vun der Iechternacher Gare opkaf hat.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Fro stellen:

1. Wéi reagéiert den Här Schoulminister dorop, dass d'Kooperatioun tëschent der Iechternacher Gemeng an dem Lycée elo nach a sou enger spéider Phas geplazt ass?

2. Op wéi eng Manéier gouf de Schwammunterrecht an der Primärschoul an dem Lycée méttlerweil reorganiséiert?

3. Falls déi provisoersch Sportinfrastruktur vun der Iechternacher Primärschoul effektiv hannert der Gare opgeriicht gëtt, wier dës nëmme iwwert de Passage vun den Haaptverkéiersachse vun der Stad Iechternach ze erreechen. Ginn hei zukünfteg Bussen agesat, fir d'Sécherheet vun de Schüler um Wee fir bei d'Sportshal ze garantéieren an och fir d'Zäitverloschter ze limitéieren?

4. Beim elo just genannte Site, stellt sech änlech wéi bei der Lokalitéit vun der aler Sportshal, op d'mannst am Fall vun extreeme Wiederereegnesser, sou wéi mir se zum Beispill am Juli 2021 erlieft hunn, d'Fro vum Héichwaasser. Et lafen zu zwou Säite Baache laanscht den envisagéierten Terrain an am Fall vu staarke Reefäll gëtt e reegelméisseg iwwerschwemmt. Dat war bis elo net dramatesch, well d'Waasser an der Wiss gutt konnt ofzéien. Op wéi enger Manéier gëtt dës Problematik an de Pläng zum Amenagement vum Terrain Rechnung gedroen?

5. Am Oktober gëtt déi nei Sportshal vum Iechternacher Lycée fäerdeg gestallt. Wéi wäit kann dëst Gebai, wat opgrond vu senger zentraler Positioun tëschent dem Lycée an der Primärschoul fir béid Parteien liicht accessibel ass, vun der Primärschoul matbenotzt ginn?

6. An deem zitéierten Artikel heescht et och, dass d'Direktioun vum Iechternacher Lycée gäre bereet gewiescht wier, de lokale Sportsveräiner déi nei Sportshal vum Iechternacher Lycée mat unzibidden. Kann den Här Minister matdeelen, wéi eng Ursachen opgrond vun där neier Entwécklung, esou wéi vum „Lëtzeburger Wort“ ugedeit, elo géint esou eng Kooperatioun schwätzen?



**Réponse** (28/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Ech bedauern, datt déi staatlech Servicer an d'Stad Iechternach sech net eens gi sinn, wat d'Opriichte vun enger Gemengesportshal op staatlech Terrain ugeet.

ad 2. D'Schülerinnen a Schüler vum Lycée ginn net schwammen, bis d'Stad Iechternach eng nei Schwämm operéiert huet. An deem Projet, grad wéi a sëllegen aneren, schaffe Staat a Gemeng weiderhi gutt zesammen. Besonnesch ervirhiewe wëll ech d'Bezeetschaft vun der Stad Iechternach, d'Klasse vum Centre de compétences du développement intellectuel an hirer neier Grondschoul opzehuelen. Dat selwecht gëllt fir déi onkomplizéiert Aart, Raum fir ukrainesch Flüchtlingsskanner zur Verfügung ze stellen.

ad 3. + 4. Dës zwou Froen falen eenzeg an eleng an d'Kompetenz vun den Iechternacher Gemengenautoritéiten.

ad 5. + 6. Den Iechternacher Lycée ënnersträicht weiderhin säi Wëllen, all seng Sportsinfrastrukturen, sief et bannen oder baussen, während deenen Zäitfënsteren, wou en se selwer net brauch, deenen anere Schoulen zu Iechternach, den Iechternacher Sportsveräiner an dem Loisir zur Verfügung ze stellen.

**Communauté bahá'íe** | Question **6205** (17/05/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

D'IRFBA (International Religious Freedom or Belief Alliance) setzt sech dofir an, datt Unhänger vun de verschiddenste Reliounen a Glawensgemeinschaften op der ganzer Welt hir reliéis Iwwerzeegungen ouni all Zort vun Ennerdréckung an Diskriminierung kënnen ausüben. Si bezitt sech an éischter Linn op den Artikel 18 vun der universeller Mënscherechtsdeklaratioun, déi dat fräit Ausüben vum Glawe virgesäit. An deem Kontext huet d'IRFBA zesumme mat 12 Staaten - dorënner z. B. d'USA, England, Holland an Dänemark - eng offiziell Stellungnam publizéiert, wou et ëm d'Glawensgemeinschaft vun de Bahai geet, déi iwwerdeems och zu Lëtzebuerg aktiv sinn a sech ënnert dem Numm vun „bahá'ís du Luxembourg“ regroupéieren. An där genannter Stellungnam geet rieds dovun, datt d'Ennerdréckung an d'Diskriminatioun vun de Bahai weltwäit an engem beonrouegende Mooss an d'Luucht geet.

An der Stellungnam heescht et ë. a., datt a verschiddene Länner Faiten oprieden, wou z. B. Studenten, déi dem Bahai-Glawen ugehéieren, vun Universitëiten expulsiéiert ginn, wou Bahai-Unhänger hire Besëtze ewechgeholl kréien a wou d'Bahai hire Glawen - dozou gehéieren och déi bahai-spezifesch Traditiounen a Riten, z. B. bei Hochzäiten oder Begräbnisse - net fräi kënnen ausüben.

Aktuell hu sech weltwäit scho 35 Staaten der IRFBA ugeschloss, dorënner och vill westlech Staaten.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Kultusminister:

1. Gouf et an der rezenter Vergaangenheet en Dialog tëscht der Regierung an der Glawensgemeinschaft vun de Bahai?

2. Ass d'Regierung iwwert eventuell Mëssstänn an/oder Diskriminatiounen, mat deenen d'Bahai-Unhänger zu Lëtzebuerg konfrontéiert sinn, informéiert ginn, respektiv, huet d'Regierung Kenntniss vun eventuelle Mëssstänn an/oder Diskriminatiounen vu Bahai-Unhänger hei am Land? Wa jo, ëm wéi eng Zort Mëssstänn an/oder Diskriminatiounen handelt et sech hei a wat

gedenkt d'Regierung, an deem Kontext ze ënnerhuelen?

3. War d'Regierung iwwert déi uewe genannte Stellungnam, déi d'IRFBA zesumme mat 12 anere Staaten publizéiert huet, am Bild?

4. Firwat ass Lëtzebuerg bis dato nach net Member bei der IRFBA, déi sech am Sënn vun den universelle Mënscherechter fir dat fräit Ausüben vum Glawen aasetzt?

**Réponse commune** (20/06/2022) de **M. Xavier Bettel**, Ministre des Cultes | **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. D'Regierung ass ëmmer oppen fir en Dialog mat de Reliounsgemeinschaften, och mat der Lëtzebuerger Bahá'í-Communautéit. Déi zoustänneg Ministèren hu reegelméisseg Kontakter mat Verrieder vun der Bahá'í-Communautéit, notament fir iwwer d'Situatioun vun de Bahá'í a Länner wéi dem Iran, dem Jemen oder dem Katar ze diskutéieren oder generell iwwert d'Situatioun vun de Bahá'í zu Lëtzebuerg, wéi zum Beispill am September 2021.

ad 2. D'Regierung huet keng Kenntniss, dass d'Bahá'í-Unhänger zu Lëtzebuerg mat Diskriminatiounen konfrontéiert wieren.

ad 3. D'Regierung hat keng Kenntnis vun dëser Stellungnam vun der IRFBA, a gouf an deem Kader och net approchéiert.

ad 4. Bei der IRFBA handelt et sech ëm eng Initiativ vun der viregter amerikanescher Regierung aus dem Joer 2020. Lëtzebuerg gouf dee Moment net gefrot, fir sech dëser Allianz unzeschleissen. Lëtzebuerg setzt sech zanter Laangem konsequent fir d'Reliouns- a Glawensfräiheet an, notament am Kader vun de Vereente Natiounen, a wäert dëst natierlech och weiderhi maachen.

**Sécurité à l'Aéroport de Luxembourg** | Question **6216** (18/05/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

Juste avant le début de la deuxième phase de rénovation de la piste de décollage et d'atterrissage au Findel, le Ministère de la Mobilité et des Travaux publics a prévu de transférer la responsabilité des inspections de piste de l'Administration de la navigation aérienne vers la société de droit privé lux-Airport.

- Dans ce contexte, j'aimerais savoir de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics quelles sont les raisons de cette décision et quel est son impact sur l'accord de médiation du 6 novembre 2017 devant la Cour supérieure de justice fixant clairement la séparation des compétences.

- Pour quelles raisons le ministère a-t-il concédé en décembre 2021 le droit d'emphytéose d'une grande partie de l'aire de manœuvre, notamment la piste de décollage et d'atterrissage de l'Aéroport de Luxembourg, à la société lux-Airport pour les 30 années à venir ?

**Réponse** (28/06/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Le règlement (UE) n° 139/2014 du 12 février 2014 établissant des exigences et des procédures administratives relatives aux aéroports dispose que la responsabilité ultime du produit ou du service fourni par les organisations sous contrat doit toujours rester avec l'exploitant de l'aérodrome. Parmi les services opérationnels d'aérodrome que l'exploitant doit fournir, le règlement susmentionné cite notamment la surveillance et l'inspection des aires de mouvement et des installations associées.

Dans le cadre de la certification de l'Aéroport de Luxembourg en 2017, lux-Airport a été nommé

comme exploitant d'aérodrome. En conséquence, la responsabilité finale pour les inspections ainsi qu'une bonne partie des « activités connexes » incombe en dernier lieu à lux-Airport, qui doit détenir un pouvoir de contrôle sur ces activités.

Il est vrai que certaines inspections sont exécutées aujourd'hui par l'ANA pour le compte de l'exploitant d'aérodrome. La délégation de cette activité se fait au moyen d'un « Service Level Agreement » (SLA) conclu entre lux-Airport et l'ANA en 2017 dans le cadre de cette certification de l'aérodrome, et qui fait partie intégrante de l'accord de médiation conclu devant la Cour supérieure de justice.

Cet SLA prévoit également la mise en place d'équipes conjointes de lux-Airport et de l'ANA pour les inspections de piste. Il n'y a donc pas eu de transfert de responsabilité en ce qui concerne ces inspections, mais il s'agit d'une mise en œuvre des décisions retenues dans le cadre de la certification en 2017. Au bout d'une période de transition de cinq années, il faut maintenant agir en ce sens notamment en vue des audits qui sont menés par la Direction de l'aviation civile et l'EASA sur ces points.

S'agissant de la concession d'un droit d'emphytéose à lux-Airport en décembre 2021, cette décision s'inscrit dans le même ordre d'idées. La responsabilité de l'exploitant de l'aérodrome sur les activités qui se déroulent sur l'aérodrome a pour corollaire qu'il doit détenir un pouvoir de contrôle sur cette aire de manœuvre.

**Éclairage des bâtiments publics** | Question urgente **7051** (24/10/2022) de **M. Gilles Roth** (CSV)

Dans le cadre de la campagne « Zesumme spueren - zesammenhalen » le Gouvernement entend inciter l'ensemble de la société à économiser l'énergie, dont notamment l'État et les communes.

Suivant la circulaire du Gouvernement n° 4168 du 5 août 2022 intitulée « Vigilance sur la consommation d'énergie - économies d'énergie » il est, dans ce contexte, recommandé aux communes de limiter e. a. l'éclairage des bâtiments publics au strict minimum en tenant compte des consignes de sécurité.

Il s'avère cependant que le Gouvernement lui-même n'entend pas respecter ses propres consignes alors qu'en outre le campus scolaire Tossebié, regroupant le Lycée Josy Barthel, la deuxième École européenne, tout comme ses alentours, parkings, voies d'accès, piste cyclable, halte CFL Mamer-Lycée, est pleinement illuminé tant en soirée que durant la nuit.

Dans ce contexte je voudrais poser les questions suivantes au Ministre de l'Énergie et au Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

- Quelles sont les raisons pour ne pas se conformer aux propres consignes de la circulaire gouvernementale 4168 ?

• S'agit-il d'un choix délibéré du Gouvernement ?

- Quelle est la consommation journalière de l'éclairage public du campus Tossebié et de ses alentours ?

• Quel est le coût journalier de l'éclairage ?

- Est-ce que le Gouvernement envisage de se conformer dans un futur proche à la circulaire ? Ou est-ce qu'il entend tout simplement abroger sa propre circulaire ?

**Réponse commune** (25/10/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

La circulaire 4168 mentionnée par le député lance en effet un appel à toutes les communes de renforcer



**PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL**

IBRS/CCRI n°1001256



**RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID**

**LUXEMBOURG**

**CHAMBRE DES DÉPUTÉS**

**ENVOI-RÉPONSE 1001256**

**L - 3208 BETTEMBOURG**

davantage leurs efforts d'économies d'énergie et de « limiter l'éclairage extérieur des bâtiments et l'éclairage public au minimum nécessaire (dans le respect des consignes de sécurité) ».

Par ailleurs, une circulaire additionnelle, envoyée le 6 octobre, permet aux communes intéressées de procéder sur demande à une extinction temporaire de l'éclairage de la voirie publique, entre 01.00 heures et 05.00 heures dans la nuit. Actuellement, les PCh accusent 19 demandes de communes dans le sens de la circulaire gouvernementale, dont 15 ont déjà pu être traitées favorablement et ont été transmises à l'opérateur réseau respectif afin d'entamer les opérations techniques nécessaires. Ceci montre que cette recommandation rencontre un succès considérable.

Tous les services concernés font bien entendu au mieux pour répondre aux demandes, dont les détails techniques s'avèrent souvent complexes, vu que bon nombre de tableaux électriques doivent subir des transformations ou doivent être équipés de smart-meters et de dispositifs de déclenchement/d'enclenchement afin de pouvoir activer un horaire spécifique. Ceci concerne aussi bien les services des ponts et chaussées que ceux de Creos/des opérateurs réseaux et des communes concernées.

Il est évident que le Gouvernement participe activement à l'effort collectif d'économies d'énergie. Les responsables techniques, qui gèrent le parc immobilier de l'État ont également été sollicités par une note d'instruction de limiter l'éclairage intérieur et extérieur de leurs établissements dans le respect des consignes de sécurité.

Afin de sensibiliser davantage les acteurs concernés et d'accompagner les responsables dans la mise en

œuvre de mesures d'économies d'énergie du parc immobilier de l'État dans le cadre de la campagne nationale « Zesumme spueren - zesummenhalen », le Gouvernement propose une séance d'information et un support technique aux équipes techniques qui se tiendra ce jeudi au bâtiment « Alcide de Gasperi ». Dans ce cadre, les services techniques des bâtiments recevront des informations et guidances détaillées dans le domaine du diagnostic, de l'assistance de la mise en œuvre et du « reporting » des mesures d'économies d'énergie.

Il faut préciser que les compétences du Gouvernement en matière d'éclairage sont limitées par l'autonomie communale et qu'une démarche du côté des communes peut être nécessaire afin de mettre en place des mesures d'économies d'énergie et une concertation intercommunale utile.

- Il y a lieu de constater que la commune de Mamer fut la première à avoir introduit une demande, et c'est également la première où le dispositif d'extinction nocturne a été mis en place, ce qui n'est pas le cas pour les communes adjacentes. En effet, tous les tableaux étatiques gérés par les PCh situés sur le territoire de Mamer, à l'exception de l'illumination des points dangereux (tunnels et échangeurs d'autoroutes), sont actuellement en mode d'extinction nocturne.

- En ce qui concerne plus précisément le Lycée Josy Barthel Mamer, l'éclairage du bâtiment et des alentours directs a déjà été réduit au strict minimum en respectant des consignes de prévention et de sécurité.

- L'École européenne gère l'éclairage de ses alentours (parking visiteurs, quai de bus, cours de récréation,

etc.). Il y a deux semaines, les responsables de l'École européenne ont décidé d'éteindre l'éclairage extérieur entre 23.00 heures du soir et 06.00 heures du matin. L'accès à l'École européenne II/FlyOver qui se situe sur le territoire de la commune de Bertrange est actuellement illuminé vu que de l'administration communale de Bertrange n'a pas demandé à l'Administration des ponts et chaussées de procéder à des coupures d'éclairage.

- Pour les pistes cyclables, il y a lieu de constater qu'actuellement leur éclairage se fait par les communes. En l'occurrence, la PC13 située sur le territoire de la commune de Mamer à l'approche du site est gérée par cette commune et est illuminée, tandis que la PC13 sur le territoire de la commune de Bertrange n'est pas illuminée. Le tronçon de voirie communale sur le territoire de Bertrange (à l'instar de chaque voirie communale) n'incombe pas à la compétence étatique.

En termes de réduction d'énergie et de pollution lumineuse, il y a lieu de noter que depuis des années, les PCh poursuivent un programme de démontage de poteaux lampadaires sur le réseau autoroutier et le remplacement de luminaires classiques par des nouvelles installations LED.

- En ce qui concerne la halte CFL Mamer, il faut préciser qu'actuellement l'éclairage sur l'arrêt de Mamer-Lycée, et de manière plus générale sur les arrêts du pays, n'est pas encore coupé entre le dernier et le premier train voyageurs. Par contre, il s'agit là d'une mesure envisagée dans le cadre de la stratégie qui vient d'être élaborée par les CFL en vue de réduire la consommation d'énergie.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfëlle beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

**PORT PAYÉ**  
**PS/799**





CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité  
parlementaire  
p. 03-05

Salle des séances  
plénières  
p. 06-07

Nouvelles  
lois  
p. 08

Séances  
publiques  
p. 08-78

Questions  
au Gouvernement  
p. 78-99

2021-2022

# N°13

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-05

Salle des séances plénières ..... p. 06-07

Nouvelles lois ..... p. 08

Séances ..... p. 08-78

38<sup>e</sup> séance du mardi 8 mars 2022 p. 08-44

40<sup>e</sup> séance du jeudi 10 mars 2022 p. 44-78

Questions au Gouvernement ..... p. 78-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

15/11/2022

#### Concept et layout :

brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





## Visite du Président du Parlement fédéral de Somalie

# Une Somalie en paix est à la base de tout progrès



*Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, lors de l'accueil de la délégation somalienne à la gare centrale de Luxembourg*

Le Président du Parlement fédéral de Somalie, M. Sheikh Aden Mohamed Nur, a été reçu le 21 octobre 2022 à la Chambre des Députés pour un échange de vues avec le Président de la Chambre, M. Fernand Etgen, et les députés membres de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile.

« La stabilité et la paix sont les prémisses indispensables à tout progrès pérenne pour la Somalie », a souligné le Président du Parlement somalien à plusieurs reprises. Les députés luxembourgeois, conscients que la Somalie souffre toujours des conséquences d'une guerre civile et continue à faire face à un nombre important de crises, ont tenu à féliciter les représentants somaliens de la transition politique réussie à la suite des récentes élections, et la désignation d'une femme, Mme Saadia Samatar, en tant que première Vice-Présidente du Parlement fédéral de Somalie.

### Le Parlement somalien vise des pactes de coopération et d'amitié avec d'autres parlements

Interrogé sur les objectifs de la visite de la délégation somalienne, M. Sheikh Aden Mohamed Nur a tenu à adresser ses remerciements aux pays amis de la Somalie, dont les États membres de l'Union européenne qui ont « beaucoup fait » pour aider son pays à prendre un « nouveau départ ». Le dignitaire somalien a également précisé que la démarche visait à mettre en place des pactes de coopération et d'amitié avec d'autres parlements dans le monde afin de contribuer à la stabilisation politique de son pays. La Somalie souhaite ainsi entretenir de bonnes relations avec le Luxembourg en termes d'échanges d'idées et de bonnes pratiques, ainsi que dans le domaine des échanges économiques.

« La paix et la stabilité politique restent indispensables à l'essor du pays », a insisté le Président du Parlement somalien, en soulignant qu'il s'agit à également d'une condition indispensable à la mise en place de partenariats concrets. « Sans paix, il n'y aura pas d'investissements », a-t-il constaté.

### La Somalie espère atteindre l'indépendance alimentaire

Le Président de la Chambre des Députés a interrogé son homologue sur le risque de famine qui constitue encore une menace pour des millions de Somaliens. M. Etgen a notamment souhaité comprendre quelles pourraient être les pistes pour aider la Somalie à améliorer ses services sociaux et ses infrastructures.

M. Sheikh Aden Mohamed Nur a une nouvelle fois souligné l'importance de la stabilité politique qui, selon lui, a un impact plus important sur la pérennité du pays que les infrastructures ou les conditions climatiques étant donné que celles-ci ne posent pas réellement problème. Il a cité dans ce contexte le

mouvement djihadiste des shebab, qui d'après lui est à l'origine d'opérations de racket des agriculteurs et de sabotage de l'accès à l'eau. Une fois le problème des militants écarté, la Somalie, espère M. Sheikh Aden Mohamed Nur, arrivera à atteindre l'indépendance alimentaire.



*La délégation somalienne entourée des députés luxembourgeois*

## Dîner institutionnel um Schloss Bierg

D'Deputéiert waren de 25. Oktober 2022 vun der groussherzoglecher an der ierfgroussherzoglecher Koppel op en offiziellt Iessen um Schloss Bierg am Kader vun der neier parlamentarescher Sessioun invitéiert.





## Sommet parlementaire de la Plateforme internationale pour la Crimée

## « La Crimée, c'est l'Ukraine »



M. Claude Wiseler (3<sup>e</sup> rangée, 1<sup>er</sup> à gauche) a représenté la Chambre des Députés au cours du sommet parlementaire de la Plateforme de Crimée

« La Crimée, c'est l'Ukraine. » C'est avec ces mots que Mme Nancy Pelosi, Présidente de la Chambre des représentants des États-Unis, s'est adressée aux représentants des parlements et des assemblées parlementaires auprès des organisations internationales participant à la Plateforme internationale pour la Crimée. Ceux-ci se sont réunis à Zagreb, capitale croate, le 25 octobre 2022, dans le cadre du premier sommet parlementaire, événement organisé conjointement par la Croatie et l'Ukraine.

M. Ruslan Stefanchuk, Président du Parlement ukrainien, a rappelé dans son intervention que le but de cette plateforme était la libération et la reconstruction de l'Ukraine. Il a appelé à tout mettre en œuvre pour que « le rêve ukrainien soit réalisé » et que le prochain sommet soit organisé en Ukraine.

Lors de cette rencontre historique, les participants ont voté en faveur d'une résolution condamnant la poursuite des violations des droits de l'homme en Crimée et la militarisation croissante de la péninsule.

Les signataires déclarent poursuivre le soutien politique, diplomatique, financier et humanitaire à l'Ukraine, tout en augmentant la pression sur la Russie pour qu'elle mette fin à son occupation de la Crimée et des autres territoires ukrainiens. La résolution appelle aussi à la création d'une commission interparlementaire permanente de la Plateforme internationale pour la Crimée.

Les participants ont réaffirmé leur engagement en faveur de la souveraineté, de l'indépendance, de l'unité et de l'intégrité territoriale de l'Ukraine et condamné

l'occupation de la Crimée, ainsi que tous les autres territoires occupés de l'Ukraine, constituant une grave menace pour l'ordre international.

La Chambre des Députés était représentée par M. Claude Wiseler, membre du Bureau de la Chambre. Dans son intervention, M. Wiseler a réitéré l'engagement à long terme du Luxembourg envers l'Ukraine afin de la soutenir dans la libération de l'ensemble de son territoire, y compris la Crimée, et dans sa reconstruction, et a réassuré son soutien dans le cadre des négociations d'adhésion de l'Ukraine à l'Union européenne. « Il est important de traduire devant la justice les criminels de guerre et de gagner aussi la guerre contre la désinformation », a-t-il encore ajouté.

## Conférence annuelle de l'EPTA

## La Cellule scientifique désormais membre du réseau EPTA

La Cellule scientifique de la Chambre des Députés est désormais membre du réseau EPTA (« European Parliamentary Technology Assessment »). Mme Martine Hansen et M. Gilles Baum se sont déplacés à Berlin le 17 octobre 2022 en leur qualité de Vice-Présidente et Président de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, en vue de soutenir la candidature de la Cellule scientifique et de participer à la conférence annuelle de l'EPTA.

Les membres du réseau EPTA renseignent leurs parlements nationaux sur des sujets d'actualité liés à l'évaluation des choix technologiques. Ces sujets sont très variés et peuvent s'intéresser aussi bien aux énergies du futur qu'aux technologies biomédicales. En outre, les membres de l'EPTA surveillent également l'impact social, économique et environnemental éventuel des nouveaux développements scientifiques et technologiques.

## Conférence scientifique de l'EPTA

La conférence scientifique de l'EPTA a eu lieu le 17 octobre 2022 et était dédiée à la question « Société en rupture - évaluation de technologie au secours ? »

(“Society in disruption - TA to the rescue?”). Des chercheurs issus de branches les plus diverses ont abordé des sujets controversés tels que les infrastructures essentielles, les systèmes d'armes autonomes ou encore les défis écologiques auxquels les humains exposent la nature. Ces interventions ont permis aux chercheurs et aux députés de nombreux parlements européens de s'échanger et de réfléchir ensemble aux solutions que la technologie peut apporter aux défis politiques et sociétaux.

## Conseil de l'EPTA

Le Conseil de l'EPTA s'est réuni le 18 octobre 2022. Cet organe prend les décisions administratives de l'EPTA et examine entre autres les candidatures de nouveaux membres. La présentation de la Cellule scientifique ainsi que la défense de la candidature par les membres de la Cellule scientifique ont convaincu le Conseil. Ainsi, la Chambre des Députés peut désormais bénéficier de l'expertise des chercheurs du réseau de l'EPTA et profiter de la recherche menée en matière d'évaluation de technologies novatrices.

C'est également dans le cadre de cette réunion que la présidence de l'EPTA pour l'année à venir est attri-

bue. La Catalogne ayant été désignée en tant que successeur à l'Allemagne, la prochaine conférence annuelle ainsi que la prochaine réunion du Conseil auront lieu à Barcelone en octobre 2023.



de gauche à droite : M. Christian Penny (Cellule scientifique), Mme Martine Hansen, M. Gilles Baum, Mme Danielle Wolter (Cellule scientifique)



34<sup>e</sup> Assemblée régionale Europe de l'Assemblée parlementaire de la francophonie (APF)

# Les parlements et les droits de l'homme

Sur invitation de la section catalane, la 34<sup>e</sup> Assemblée régionale Europe de l'APF a eu lieu à Barcelone du 23 au 26 octobre 2022. Pour cette édition, 19 sections réunissant 96 participants ont délibéré sur la thématique « Les parlements et les droits de l'homme ». M. Gusty Graas, Président de la délégation luxembourgeoise auprès de l'APF, s'est déplacé au Parlement de la Catalogne afin de pouvoir prendre part aux débats.

## Les Parlements et les droits de l'homme

Les parlementaires ont échangé sur la corrélation entre les droits de l'homme et l'exercice de leur fonction. L'un des orateurs, M. Duarte Pacheco, Président de l'Union interparlementaire (UIP), a insisté sur le fait que la démocratie et les droits de l'homme vont de pair. La démocratie est pour lui comme une fleur qui doit être arrosée tous les jours et qui meurt sinon. M. Pacheco a ajouté que « nous vivons dans un monde où la démocratie est mise à mal un peu partout dans le monde » et que de nombreux pays connaissent des dérives autoritaires car les citoyens sont déçus du système démocratique. Il a également signalé que des ateliers sont destinés depuis 2019 aux parlementaires francophones sur la thématique du renforcement du rôle des parlementaires dans le processus de l'examen périodique universel (EPU). Ce dernier consiste en un examen minutieux des avancées des États membres des Nations Unies dans le domaine des droits de l'homme. Le Président de l'IUP a ajouté qu'il s'agit d'un processus mené par les États, sous les auspices du Conseil des droits de l'homme.

## Les droits à la liberté d'expression et de réunion des parlementaires

Le Vice-Président du Comité des droits de l'homme des parlementaires à l'UIP, M. Samuel Cogolati, a expliqué le mécanisme de son organisme. Ce comité a été créé afin que les parlementaires puissent s'exprimer librement sans crainte quant à d'éventuelles représailles. Les objectifs sont la prévention et la suppression des violations de la liberté d'expression. Cette dernière est une condition sine qua non de toute démocratie, a-t-il ajouté.

Le nombre d'infractions quant aux droits fondamentaux des parlementaires est en constante augmentation. En 2022, plus de 700 plaintes ont été répertoriées à travers le monde entier. Pour lutter contre ces transgressions, le comité dispose de trois outils, à savoir les audits systématiques, le suivi assuré par un secrétariat et les missions sur le terrain.

## La Situation en Arménie

Lors de la réunion des Présidents de sections, il a été décidé d'ajouter à l'ordre du jour un débat sur l'Arménie, suite au courrier de la délégation arménienne relatant les faits horribles qui se sont déroulés lors de l'attaque par l'Azerbaïdjan le 13 septembre 2022 et demandant le soutien des sections de l'APF. M. Arman Yeghoyan, Président de la section arménienne, a pris

la parole afin de passer en revue les faits connus et inconnus de cette incursion illégale.

De nombreuses sections se sont exprimées, notamment M. Gusty Graas représentant le Parlement luxembourgeois, afin de témoigner leur soutien à l'Arménie. M. Graas s'est par ailleurs demandé comment les autorités arméniennes avaient accueilli l'accord gazier signé entre l'Union européenne et l'Azerbaïdjan. La délégation arménienne a indiqué être consciente des préoccupations d'approvisionnement énergétique de l'UE tout en soulignant l'importance de ne pas donner lieu à deux poids, deux mesures. « Tout État ne respectant pas le droit international doit être sanctionné, qu'il s'agisse de la Fédération de Russie ou de l'Azerbaïdjan », a insisté la délégation d'Arménie.



M. Gusty Graas, Président de la délégation luxembourgeoise auprès de l'APF, lors de sa prise de position pour confirmer le soutien du Luxembourg à l'Arménie dans le cadre du conflit l'opposant à l'Azerbaïdjan




## Le Président de la Chambre des Députés a reçu...

... M. Paul Dühr, Maréchal de la Cour




# Salle des séances plénières



## Les 60 députés

|                        |          |                         |           |
|------------------------|----------|-------------------------|-----------|
| 1. Etgen Fernand       | DP       | 18. Reding Roy          | ADR       |
| 2. Engelen Jeff        | ADR      | 19. Modert Octavie      | CSV       |
| 3. Keup Fred           | ADR      | 20. Mosar Laurent       | CSV       |
| 4. Margue Elisabeth    | CSV      | 21. Wolter Michel       | CSV       |
| 5. Galles Paul         | CSV      | 22. Roth Gilles         | CSV       |
| 6. Schaaf Jean-Paul    | CSV      | 23. Hansen Martine      | CSV       |
| 7. Adehm Diane         | CSV      | 24. Wiseler Claude      | CSV       |
| 8. Eicher Emile        | CSV      | 25. Gloden Léon         | CSV       |
| 9. Kaes Aly            | CSV      | 26. Halsdorf Jean-Marie | CSV       |
| 10. Eischen Félix      | CSV      | 27. Kemp-Arendt Nancy   | CSV       |
| 11. Lies Marc          | CSV      | 28. Spautz Marc         | CSV       |
| 12. Wilmes Serge       | CSV      | 29. Clement Sven        | Piraten   |
| 13. Mischo Georges     | CSV      | 30. Goergen Marc        | Piraten   |
| 14. Hengel Max         | CSV      | 31. Empain Stéphanie    | déi gréng |
| 15. Cecchetti Myriam   | déi Lénk | 32. Benoy François      | déi gréng |
| 16. Oberweis Nathalie  | déi Lénk | 33. Lorsché Josée       | déi gréng |
| 17. Kartheiser Fernand | ADR      | 34. Bernard Djuna       | déi gréng |





Secrétaire général



1

PRÉSIDENCE



Secrétaires généraux adjoints



35. Burton Tess  
36. Di Bartolomeo Mars  
37. Cruchten Yves  
38. Biancalana Dan  
39. Closener Francine  
40. Arendt Guy  
41. Bauler André  
42. Beissel Simone  
43. Baum Gilles  
44. Hahn Max  
45. Polfer Lydia  
46. Hansen Marc  
47. Ahmedova Semiray  
48. Margue Charles  
49. Gary Chantal  
50. Thill Jessie  
51. Weber Carlo

LSAP  
LSAP  
LSAP  
LSAP  
LSAP  
DP  
DP  
DP  
DP  
DP  
DP  
déi gréng  
déi gréng  
déi gréng  
déi gréng  
déi gréng  
LSAP

52. Mutsch Lydia  
53. Kersch Dan  
54. Asselborn-Bintz Simone  
55. Hemmen Cécile  
56. Hartmann Carole  
57. Lamberty Claude  
58. Colabianchi Frank  
59. Knaff Pim  
60. Graas Gusty

LSAP  
LSAP  
LSAP  
LSAP  
DP  
DP  
DP  
DP  
DP

Scheeck Laurent,  
Secrétaire général  
Barra Isabelle,  
Secrétaire générale adjointe  
Reiter Benoît,  
Secrétaire général adjoint



## Lutte contre la fraude et la contrefaçon des moyens de paiements

**7849 – Projet de loi portant modification du Code pénal en vue de la transposition de la directive (UE) 2019/713 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 concernant la lutte contre la fraude et la contrefaçon des moyens de paiement autres que les espèces et remplaçant la décision-cadre 2001/413/JAI du Conseil**

Le projet de loi n° 7849 a pour objet de transposer en droit luxembourgeois la directive (UE) 2019/713 du Parlement et du Conseil du 17 avril 2019 concernant la lutte contre la fraude et la contrefaçon des moyens de paiement autres que les espèces et remplaçant la décision-cadre 2001/413/JAI du Conseil, ci-après « la directive ».

Dans la communication de la Commission au Parlement européen, au Conseil, au Comité économique et social européen et au Comité des régions intitulée « Stratégie pour un marché unique numérique en Europe » du 6 mai 2015, la Commission européenne faisait le constat suivant lequel les fraudes informatiques telles que l'interception de données, la fraude aux paiements en ligne, le vol d'identité et le vol de secrets d'affaires engendrent d'importantes pertes économiques, entravent le marché numérique, entraînent des interruptions de services et des violations des droits fondamentaux et sapent la confiance des citoyens dans les activités en ligne. Elle retenait encore qu'il importe de combattre efficacement la fraude aux moyens de paiement autres que les espèces qui non seulement représente une menace pour la sécurité mais encore constitue une source de revenus pour la criminalité organisée telle que le terrorisme, le trafic de stupéfiants et la traite des êtres humains.

La directive entend essentiellement améliorer les mécanismes de coopération paneuropéens qui facilitent la coordination des enquêtes et des poursuites en

matière pénale en complétant l'arsenal juridique applicable en matière de stratégie de cybercriminalité. Les actes frauduleux décrits ci-avant ont déterminé le choix de l'emplacement des nouvelles dispositions dans le Code pénal, à savoir dans la section de ce code intitulée « De certaines infractions en matière informatique ».

L'article 20 de la directive impose aux États membres l'obligation de mettre en vigueur les dispositions requises en droit national pour le 31 mai 2021 au plus tard, afin de le rendre conforme au droit de l'Union européenne.

Dépôt par Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 29.06.2021

Rapporteur : M. Charles Margue

Travaux de la Commission de la Justice

(Président : M. Charles Margue) :

20/10/2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

09/02/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'une série d'amendements

02/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 10/03/2022

Loi du 1<sup>er</sup> avril 2022

Mémorial A : 2022, N° 164, page 1

## 38<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Marc Spautz, Vice-Président

### Sommaire

#### 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 09

M. Fernand Etgen, Président

#### 2. Communications ..... p. 09

M. Fernand Etgen, Président

#### 3. Ordre du jour ..... p. 09

M. Fernand Etgen, Président | M. Fernand Kartheiser

#### 4. Heure de questions au Gouvernement ..... p. 09

**Question n° 295 du 8 mars 2022 de M. Laurent Mosar relative aux agressions relevées ces dernières semaines à l'encontre des chauffeurs de bus des transports publics, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**Question n° 296 du 8 mars 2022 de M. Dan Biancalana relative aux récentes agressions de chauffeurs de bus dans les transports publics, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics ..... p. 09**

M. Laurent Mosar | M. Dan Biancalana | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 297 du 8 mars 2022 de Mme Carole Hartmann relative au remboursement de la psychothérapie suite aux réunions annoncées pour janvier 2022, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale ..... p. 10**

Mme Carole Hartmann | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale

**Question n° 298 du 8 mars 2022 de Mme Myriam Cecchetti relative à la prolongation de l'obligation scolaire, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ..... p. 11**

Mme Myriam Cecchetti | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Question n° 299 du 8 mars 2022 de M. Carlo Weber relative aux lacunes résultant des impacts de la pandémie sur les élèves et étudiants,**

**adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ..... p. 11**

M. Carlo Weber | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Question n° 300 du 8 mars 2022 de M. Marc Goergen relative à des cyberattaques contre des éoliennes, adressée à M. le Ministre de l'Énergie ..... p. 12**

M. Marc Goergen (intervention de M. Fernand Kartheiser) | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

**Question n° 301 du 8 mars 2022 de Mme Josée Lorsché relative à la clinique de la douleur, adressée à Mme la Ministre de la Santé ..... p. 12**

Mme Josée Lorsché | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

**Question n° 302 du 8 mars 2022 de Mme Diane Adehm relative à l'intégration des enfants des réfugiés en provenance de l'Ukraine dans les écoles publiques, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ..... p. 13**

Mme Diane Adehm | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Question n° 303 du 8 mars 2022 de M. Gusty Graas relative à l'organisation et au déroulement du chantier de l'autoroute A3, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics ..... p. 14**

M. Gusty Graas | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 304 du 8 mars 2022 de Mme Martine Hansen relative à la hausse des prix des carburants vendredi dernier, adressée à M. le Ministre de l'Énergie ..... p. 15**

M. Gilles Roth | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics (interventions de M. Gilles Roth) | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie



Question n° 305 du 8 mars 2022 de Mme Jessie Thill relative à la stratégie de l'Union européenne concernant les énergies fossiles, adressée à M. le Ministre de l'Énergie ..... p. 16

Mme Jessie Thill | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

Question n° 306 du 8 mars 2022 de M. André Bauler relative aux travaux de rénovation et de modernisation du centre d'instruction militaire au Herrenberg, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics ..... p. 17

M. André Bauler | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

#### 5. Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de l'égalité entre les femmes et les hommes ..... p. 18

Exposé : M. Dan Biancalana

Débat : M. Georges Mischo | M. Gilles Baum | Mme Chantal Gary (interventions de M. Gilles Roth, M. Sven Clement, M. Dan Kersch et M. Fernand Kartheiser) | M. Jeff Engelen (interventions de M. Dan Kersch et M. Fernand Kartheiser) | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes (interventions de M. Fernand Kartheiser) | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre)

#### 6. Débat d'orientation sur les conclusions à retenir de la pandémie Covid-19 pour notre système de santé ainsi que sur la mise en œuvre du « virage ambulatoire » ..... p. 25

Exposé : M. Claude Wiseler (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale)

Débat : Mme Carole Hartmann (interventions de M. Léon Gloden, M. Gilles Baum, M. Mars Di Bartolomeo et M. André Bauler) | M. Mars Di Bartolomeo | M. Marc Hansen (interventions de M. Léon Gloden et M. Mars Di Bartolomeo) | M. Jeff Engelen | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale)

Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (interventions de M. Claude Wiseler, Mme Nathalie Oberweis et M. Mars Di Bartolomeo) | M. Marc Hansen (parole après ministre) (intervention de Mme la Ministre Paulette Lenert) | Mme la Ministre Paulette Lenert | M. Claude Wiseler (parole après ministre) | Mme la Ministre Paulette Lenert | M. Mars Di Bartolomeo (parole après ministre) (intervention de M. Claude Wiseler) | Mme la Ministre Paulette Lenert

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert, M. François Bausch, Vice-Premiers Ministres ; M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, M. Claude Turmes, Mme Taina Bofferding et M. Claude Haagen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Une voix | Nee, Här President.

## 2. Communications

M. Fernand Etgen, Président | D'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Communications du Président – séance publique du 8 mars 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2250 – Demande de pétition publique : Méi Sécherheet op de lëtzebuergesche Garen z. B. duerch Policestationen

Dépôt : Joé Mileto, le 28/02/2022

2251 – Demande de pétition publique : Fir eng eendeiteg favorabel Positioun vun der lëtzebuergescher Regierung zum schnelle Baitrëtt vun der Ukrain an d'EU.

Dépôt : Cédric Reichel, le 01/03/2022

2252 – Demande de pétition publique : Congé spécial humanitaire (fir Flüchtlingshëllef) – Sonderurlaub für Flüchtlingshilfe – Special leave to help refugees

Dépôt : Ryan Shepherd, le 02/03/2022

2253 – Demande de pétition publique : Atomwaffenverbot

Dépôt : Jorge De Sousa Campos, le 02/03/2022

2254 – Demande de pétition publique : Petitioun géint d'Liwwerung vu Waffen un den ukrainesche Regimm

Dépôt : Christian Lentz, le 03/03/2022

2255 – Demande de pétition ordinaire : Ofsetzbar Montanten op der Steiererklärung müssen ugepasst ginn

Dépôt : Mike Quintus, le 04/03/2022

2256 – Demande de pétition publique : Erlabnis als Enseignant am BTS ze schaffen ouni Uni-Ofschloss, mee

duerch en Examen/Autoriser d'être enseignant au BTS sans un BAC+3, mais par un examen

Dépôt : Vehbo Dzogovic, le 04/03/2022

2257 – Demande de pétition publique : Méi Remboursement bei Brëller an Zänn

Dépôt : Kevin Royer, le 05/03/2022

2258 – Demande de pétition publique : Retour de la TVA carburant à 3 %

Dépôt : Sébastien Cazenave, le 07/03/2022

2259 – Demande de pétition ordinaire : La récupération de la nationalité luxembourgeoise, changement de permis de conduire et autres titres et diplômes, création d'un programme permettant aux citoyens/Luxembourgeois de se déplacer au Luxembourg

Dépôt : Diogo De Campos Heiderscheidt, le 03/03/2022

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

## 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, souwéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

Den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Här President, villmools merci. D'ADR ass mat dem Ordre du jour averstanen, mee mir wëllen awer eise Bedauern Ausdruck ginn, datt fir muer de Mëtten, bei der Verfassungsrevisioun, e Modell 1 zrëckbehale gouf. Mir denken, datt déi Wichtegkeet vun deem Kapitel et verdéngt hätt, méi Zäit pro Fraktioun oder pro politesche Grupp hei am Parlament ze reservéieren.

Dat gesot, si mer awer selbstverständlech dermat d'accord, datt mer dat muer de Mëtten hei diskutéieren.

En zweete Punkt, fir eist Bedauern auszedecken, ass awer domadder verbonnen, datt am Abléck nach d'Prozedur leeft, datt d'Leit sech kënnen aschreiwen, fir iwwert den zweeten Deel vun der Reform ze decidéieren, ob se gär e Referendum hätten oder net.

Mir hätten et daitlech léiwer gehat, wa mer hätte kënnen den Enn vun där Prozedur ofwaarden, fir de Leit kloer ze signaléieren, wéi wichteg et ass, fir déi Prozedur ze respektéieren, ier mer un den drëtten Deel komm wären.

Mat deenen zwou Bemierkunge si mer mam Ordre du jour d'accord. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser.

Dann ass et esou decidéiert.

Ech ginn Akt vum Här Kartheiser senger Deklaratioun.

## 4. Heure de questions au Gouvernement

Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. De Froesteller huet zwou Minutten Zäit, fir seng Fro ze stellen an der Regierung stinn zéng Minutten zou. An als Éischt hu mer d'Fro Nummer 295 vum Här Laurent Mosar an d'Fro Nummer 296 vum Här Dan Biancalana un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten iwwert déi rezent Iwwerfall op d'Buschaufferen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

– Question n° 295 du 8 mars 2022 de M. Laurent Mosar relative aux agressions relevées ces dernières semaines à l'encontre des chauffeurs de bus des transports publics, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

– Question n° 296 du 8 mars 2022 de M. Dan Biancalana relative aux récentes agressions de chauffeurs de bus dans les transports publics, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

M. Laurent Mosar (CSV) | Jo. Merci, Här President. Ech ka ganz kuerz sinn. Meng Fro un de Mobilitéitsminister: Mir haten d'virlëscht Woch erëm e graven Tëscheffall zu Esch, wou e Buschauffer aggresséiert ginn ass. Dat ass e Phänomeen, mat deem mer elo schonn eng ganz laang Zäit confrontéiert sinn. Och an der Stad sinn ëmmer méi esou Aggressiounen. Et geet hei mol net nëmmen ëm materiell Aggressiounen, wou Chaufferen dann och physisch aggresséiert ginn, mee déi ginn zum Deel och harceléiert. Si kréie permanent Frechheete gemaach a mir gesinn och, zum Beispill um Niveau vun der Stad, datt mer ëmmer méi Krankmeldungen hu vu Buschauffere wéinst deenen dote Faiten.

Duerfir wollt ech déi eng oder aner Fro un den zustännege Minister stellen, fir d'Alleréisch, ob en eis ongeféier ka soen, wéi et mat den Zuele vun esou Aggressiounen ass, ob een do wierklech ka feststellen, datt déi an de leschte Méint a Joren eropgaange sinn.

Zweetens natierlech, wat do kann ënnerholl ginn, zum Beispill um Niveau vun nach méi Kameraen an de Bussen an och an den Zich.



Dann awer och eng drëtt ganz weesentlech Fro: Ob een net vläicht do misst um Niveau vum Code pénal eng zousätzlech Infraktioun schaffen, wéi dat och am Ausland de Fall ass, justement par rapport zu deene Leit, déi an de Busse schaffen, well dat ëmmer ufänt, méi e Problem ze ginn.

Ech soe scho Merci fir d'Äntwerten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Mosar. An dann ass et um Här Dan Biancalana.

**M. Dan Biancalana (LSAP)** | Merci, Här President. Jo, sou wéi bei mengem Virriedner geet bei mir och an déi selwecht Richtung. An deene leschte Woche kounn et jo e puermol zu Iwwergrëff op Buschaufferen. An, bon, dës Situatioun féiert natierlech zu Onsécherheet an Angscht ënnert de Mataarbechter am ëffentlechen Transport, och wann ee mierkt, dass déi enregistriert Zuele weisen, dass d'Heefegkeet vun den Ugrëff awer an deene leschte Joren ofgehol huet.

Bon, mir wëssen allegueren heibannen, dass d'Buschaufferen an der aktueller Situatioun mam Trafick keen evidenten Job am Alldag ausféieren an natierlech do déi néideg Sécherheet och wichteg ass. Wann esou zousätzlech Situatiounen kommen, bedeit dat natierlech och zousätzlech Stress. A wann een Affer gëtt, mengen ech, kënn dat och nach zousätzlech derbäi.

Dofir ginn et e puer Froen, déi ech an deem Kontext hei un de Minister wollt stellen:

Kann een e Bilan zéie bezüglech deene Mesuren, déi an deene leschte Jore geholl goufen, preventiver Natur, géint d'Gewalt am ëffentlechen Transport?

Gëtt et Transportmëttelen, déi méi betraff si wéi anerer? Gëtt et do méi verschidde Busser respektiv Zuchlinne respektiv Plazen, wou et sech méi erauschielt wéi op anereren?

Et gouf ee Moment och d'Propos gemaach – dat wier meng drëtt Fro –, vun zouene Fuerkabinen. Ass dat eng Alternativ, där ee kann nogoen?

An déi véiert Fro: Opgrond und vun deene rezente Virfäll, gëtt et generell Richtlinne puncto Sécherheet vun de Mataarbechter, wéi si sech do ze verhalten hunn?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Biancalana. Den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** | Merci, Här President a merci und deenen zwee Deputéierte fir hir aktuell Froen.

Et ass net esou, dass d'Gewaltbereetschaft am ëffentlechen Transport sech elo fokaliséert op ee Verkéiersmëttel. Et ass, géif ech soen, iwwerall zimmlech d'nämmlecht vertrueden: Bus, Tram, Zuch.

Mee et ass awer esou, dass natierlech d'Buschaufferen, géif ech soen, déi sinn, déi am meeschten exposéiert sinn, well déi fräi do sëtzen. Et ass kloer: Wann ech zum Beispill kucken am Tram, déi hunn eng ofgetrennte Kabin, déi déi do fueren. Do kritt keen d'Dier op. Et ka keen eragoen. Beim Zuch ass et d'nämmlecht, fir den Zuchmehanechen vir. Mee d'Zuchpersonal huet och aner Méiglechkeeten: Déi kënnen am Zuch zirkuléieren, déi hunn en aneren Iwwerbléck iwwert den Zuch, kréien awer och emol Aggressiounen, awer manner. Déi meescht kréien d'Buschaufferen.

Dat huet natierlech domat ze dinn, dass de Buschauffer sech och muss op d'Strooss konzentréieren. Dee gesäit net ëmmer, wat grad geschitt, wéi elo dat mam TICE, also zu Esch do geschitt ass. Dat ass esou eng typesch Situatioun, déi warscheinlech esou gaangen ass.

An do maache mer villes. Wann ech elo mam Bus ufänken, bei der Ausschreiwung, déi mer elo hate beim RGTR, do ass d'office virgesinn, dass Kamerae vir sinn. Haut allerdeings huet de Chauffeur awer schonn eng Rei Méiglechkeeten. En huet en Noutknäppchen. Dat heescht, wann eppes geschitt, eng Aggressioun sech ubaant, kann en deen drécken, dann héiert d'Leitstell dat mat an dat gëtt enregistriert. Dat heescht, do ka relativ séier intervenéiert ginn. Bon, elo kënn d'Kamera nach derbäi.

An dann hunn ech nach eppes Drëttes virgesinn. Do si mer amgaangen ze kucken, wat dee beschte Modell ass – dat gëtt et vill am Ausland –, fir dem Buschauffer och eng Kabin ze ginn. Dat ass haut kee Problem méi an deene moderne Bussen an ech mengen, dass dat och sännvoll wär. Well meng Meinung ass, dass de Buschauffer sech soll konzentréieren op d'Sécherheet vun der Strooss – natierlech och emol eng Informatioun ginn, wann en eppes gefrot gëtt –, mee net op aner Saachen, soudatt et da géif esou fonctionéieren, dass déi Kabin vum Chauffeur zou wär, awer mat Glas, dass e gesäit, wat geschitt an dass et natierlech och eng Spriechstell kéint ginn, wou de Client kéint mat em schwätzen, mee wou keen un e kënn. Ech mengen, dass dat wär dat Wichtigst.

Bon, wéi gesot, all déi Saache komme mat där neier Ausschreiwung am RGTR. Do wäerten déi ëmgasat ginn.

Bei der Eisebunn si mer schonn e gutt Stéck méi wäit. D'Eisebunn huet an den Zich Kameraen, an de Garen. Déi meescht sinn entre-temps och ekipéiert. Dat heescht, do si mer schonn an där Hisiicht méi wäit.

Wat elo den Tram betrëfft, do si mer och vill méi wäit. Déi ganz Trammen hu Kamerasystemer. Op de Quaie sinn och Kameraen iwwerall. Dat heescht, do hu mer bis elo och eigentlech wéineg Incidenten, well dat natierlech alles vill méi séier gesi gëtt. An déi Kameraen an den Trammen an op de Quaie sinn och mat der Leitstell verbonden. Dat heescht, do gesäit deen, deen do sëtzt, direkt, wat passéiert. Dat heescht, do si mer och schonn e Schratt méi wäit.

Bon, zu de Strofen: Et ass esou, dass een dat natierlech ëmmer kann diskutéieren. Et muss een natierlech gesinn ... Et ginn awer och Condamnatiounen gemaach. Mir haten dee Fall zu Éiter. Do ass jo elo d'Gerichtsprozedur gelaf. Do sinn awer zimmlech heftig Strofe verlaangt ginn, fir déijéineg, déi d'Täter waren. Bon, déi waren natierlech och extrem aggressiv. Mee et kann een dat ëmmer eng Kéier iwwerkucken. Ech kucken dat eng Kéier mat der Justizministesch zesummen. Wa vläicht déi eng oder aner Schwaachpunkten do sinn, kann een dat gär maachen.

Ech mengen, wat nach méi wichteg ass, dass ass: Mir iwwerschaffen de Moment jo och nach d'Police des transports en commun, dass heescht alles, wat et am ëffentlechen Transport vu Reegele gëtt. Mir kucken, ob mer déi net nach kënnen e bësse verfeinere. Do gëtt et sécherlech och nach Saachen, déi ee ka maachen.

An dann ofschléissend: Et gëtt eng Aart Gremium. Mir gesinn eis u sech eemol d'Joer mat all den Operateuren, och mat de Gewerkschafte vum ëffentlechen Transport, fir iwwert d'Securitéit ze schwätzen. Statistesch gëtt dat genau erhuewen. Dat gëtt am Moment vun den CFL gemaach iwwer en informatesch System.

Duerfir hu mer och genau Daten driwwer, wat wou geschitt. An do gëtt och all Joer de Bilan gezunn an deen ergëtt och – wéi effektiv den Här Biancalana gesot huet –, dass et elo net dramatesch an d'Luucht gaangen ass. Natierlech, wann eng Kéier esou eppes geschitt, ass et ëmmer traureg fir deen, deen et trëfft, an och traureg, dass et iwwerhaupt esou eppes gëtt. Mee et ass net esou, dass mer kéinte soen, am

ëffentlechen Transport hätte mer elo eng Explosioun vun esou Situatiounen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, dem Här Mobilitéitsminister François Bausch.

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 297 vun der Madamm Carole Hartmann un den Här Minister fir d'sozial Sécherheet iwwert de Remboursement vun der Psychotherapie opgrond vun de Reunionen vum Januar 2022. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 297 du 8 mars 2022 de Mme Carole Hartmann relative au remboursement de la psychothérapie suite aux réunions annoncées pour janvier 2022, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale**

**Mme Carole Hartmann (DP)** | Merci, Här President. Här Minister, zanter der Unerkennung vum Psychotherapeut 2015 waarde vill Leit dorobber, dass d'Psychotherapie och endlech vun der Krankekeess rembourséiert gëtt, besonnesch well d'Pandemie vill Mënschen, dorënner och Kanner, mental belaaucht huet an ee laang Waardezäite bei de Professionellen a Kaf muss huelen.

Am Dezember 2021 hat den deemolege Minister fir Sozialversécherung ugekënnegt, dass am Januar nach Reunionen zu der Tarifikatioun vun der Psychotherapie stattfanne sollten an dass sech erhofft géif, duerno och en Accord ze fannen.

Douzo wëll ech dem neie Minister fir Sozialversécherung folgend Froe stellen: Hunn déi geplangte Reunionen am Januar stattfont? A wa jo, aus wéi enge Grënn gouf et nach keen Accord zum Remboursement vun der Psychotherapie? Si weider Reunionen tëschent der Fapsylux an der CNS geplangt? An ass ofzegesinn, wéini e Remboursement vun der Psychotherapie hei am Land méiglech wäert sinn? Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hartmann. Den Här Minister fir sozial Sécherheet, den Här Claude Haagen, huet d'Wuert.

**M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale** | Merci, Här President. Merci och, Madamm Hartmann fir déi Froen iwwer Psychotherapeuten. Ech mengen, déi läit eis allegueren um Häerz. Dir hutt gefrot, ob d'lescht Joer Reunionen waren an dëst Joer. 2021 waren eng Rei vun Aarbechtsorganisatiounen an dëst Joer waren och Reunionen tëschent der Gesondheetskeess an der Fapsylux. Wat déi ganz Koordinatioun ugeet, do waren der dräi am Januar an et war eng véiert am Februar. Do ass haaptsächlech iwwer Divergenze geschwat ginn, zum Beispill den Accès direct zu de Psychotherapien, d'Roll vum Dokter, notament wann de Patient nach aner Krankheeten huet, wéi dat géif gehandhaabt ginn an dann och Orientéierungshëlfe, déi géife gemaach gi vun engem Komitee, dee geschafft ginn ass, zum Beispill fir Kanner oder eeler Leit, wann déi a spezielle Strukture sinn. Dat ass alles gemaach ginn.

An deene leschten zwou Reunionen, déi waren, ass et haaptsächlech ëm d'Tariffer gaangen. Do sinn den 20. Januar d'Propositiounen vun der Fapsylux komm an den 3. Februar déi vun der Gesondheetskeess. A wéi net aneschtens ze erwaarden, waren déi Erwaardungen relativ auserneen, esou dass d'Fapsylux sech nach en Delai gefrot huet, fir hir Memberen ze concertéieren. Déi weider Reunion sollt Enn Februar sinn. Do ass awer elo op Demande vun der Fapsylux nach eng Kéier eng Prolongatioun vum Delai ugefrot ginn an déi wäert dann am März elo, dës Mount sinn, spéitstens Enn März.

Ech kann Iech awer soen, wann d'Tariffdiskussionen ofgeschloss ginn, da wäert dat och direkt ëmgasat ginn, well d'Gesondheetskeess natierlech och



amgaangen ass, un där technescher Ëmstellung, un der technescher Uwendung weider ze schaffen, esou datt ech confiant sinn, datt an deenen nächste Méint, hoffen ech, do en Accord zustane kënn an datt mer deene Leit och déi Soine kënnen garantéieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Haagen.

Mir kommen elo bei d'Fro Nummer 298 vun der Madamm Myriam Cecchetti un den Här Educationminister iwwert d'Verlängerung vun der Schoulpflicht. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 298 du 8 mars 2022 de Mme Myriam Cecchetti relative à la prolongation de l'obligation scolaire, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här Minister, Dir hutt am September, also pünktlech fir d'Rentrée, ugekënnegt, Dir géift d'Schoulpflicht gäre verlängeren, an zwar vu 16 op 18 Joer. Entretemps gëtt et jo och do en Avant-projet de loi, deen déi konkret Ëmsetzung vun dëser Motivatioun a vun esou enger Verlängerung schonn usazweis definéiert.

Ouni elo op dat kënnen anzegoen – well dat wier eng Debatt fir sech wäert –, wat an dësem Avant-projet de loi steet an ouni den Ulass an de Sënn och vun enger Verlängerung vun der Schoulpflicht ze diskutéieren, wollt ech awer einfach e puer Verständnisfroen stellen.

Dir sot an der Press, Här Minister, datt dat Gesetz fir eng Verlängerung vun der Schoulpflicht eréischt dräi Joer, nodeems et publizéiert wier, kéint a Kraaft treden. Kënn Dir eis wannechgelift erkläre firwat a firwat Der dann iwwerhaupt dës Mesure annoncéiert hutt, wa se jo eigentlech eréischt no deenen nächste Walen a Kraaft triede kann, wou een nach net weess, wéi et do weidergeet?

Da wollt ech och wëssen, wéini Der mengt, datt de Gesetzesprojet fäerdeg géif ginn an och deposéiert kéint ginn. An ech wollt wëssen, ob dee Projet och scho budgetiséiert ass.

D'ailleurs hunn ech mech gefrot, ob et vläicht effektiv weinst dem Budget wier, datt déi Ëmsetzung vun där Schoulpflicht eréischt an dräi Joer kéint a Kraaft treden, well dat jo awer e ganze Koup Mesurë mat sech zitt, déi ee muss budgetiséieren a wou een och Saachen en place muss setzen. Voilà. Villmools merci am Virfeld fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. Den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, jo, et kéint ee vill méi laang doriwwer schwätzen an et bräicht ee sécherlech vill méi Zäit. Do huet d'Madamm Cecchetti sécherlech Recht. Eng Informatioun: Mir schwätzen hei net méi vun engem Avant-projet de loi, mee vun engem Projet de loi, well dee Projet ass den 11. Februar vun dësem Joer duerch de Regierungsrat gaangen, soudatt en och deemnächst eng Kéier an der Kommissioun hei an der Chamber ka presentéiert ginn. A mir waarden op den Avis vum Conseil d'État, fir da mat der parlamentarescher Aarbecht esou richteg kënnen lasszeleeën.

Dir frot no engem Käschtepunkt. Mir hunn an der Fiche financière vun deem Projet natierlech och opgeléicht, wat d'Käschte sinn, wann déi Schülerinnen a Schüler, déi haut am Alter vu 16 a 17 Joer decrochéieren, also d'Schoul ophalen ouni en Ofschluss – well déi viséiere mer jo virun allem –, weiderhin an d'Schoul géife goen.

Mir hunn natierlech och do net einfach den Duerchschnittskäschtepunkt vun engem Schüler geholl, well mer scho wëssen, datt mer hei awer aner Erausforderungen hu bei deene Jonken, déi riskéieren ze decrochéieren oder scho géifen decrochéieren, fir déi och weider kënnen ze encadréieren. Do musse mer also vun engem méi héije Personalschlüssel ausgoen. Mir wëssen, datt mer do zum Deel och mussen e psychosozialen Encadrement ronderëm d'Schoulaktivitéiten assuréieren an datt dat sécherlech och heiansdo mat anere Methode muss goen, well et hëlleft jo wierklech näischt, Jonker einfach an d'Schoul ze forcéieren, déi bis elo nëmmen negativ Erfahrungen do gemaach hunn. Do musse mer d'Schoul schonn emol aneschtens denken an dat huet säi Käschtepunkt. Deen ass am Projet de loi an der Fiche financière chiffriert, dovunner 25,6 Milliounen Euro pro Joer reng Personalkäschten.

Da gëtt et awer sécherlech och nach eng Kéier Infrastrukturkäschten, déi noutwendeg sinn. Mir schätze jo, datt mer ronn 800 Schülerinnen a Schüler hei viséieren am Alter vu 16 a 17 Joer, déi elo an deene leschte Joren dann ëmmer decrochéiert hunn, déi mer da mussen encadréieren. Dat ass awer d'Envergure vun engem klengen Lycée, also musse mer och do sécherlech mat engem änleche Käschtepunkt rechnen.

Et dauert nu jo awer och. Wa mer haut decidéieren, datt mer e Lycée bauen, da steet en nach net do, dann dauert et wäit aus méi wéi dräi Joer, well ech emol ënnersträichen, bis deen dann do kann opgoen. An hei hu mer eis eeben eng Iwwergangszäit vun dräi Joer ginn, fir net nëmmen op enger Plaz, mee dezentral a sécherlech och aneschtens konzipiéiert a mat anere Konzepter a Konzeptiounen kënnen ze schaffen. Déi Infrastrukture musse mer dann och emol fanne respektiv schafen an där Zäit. Also esou wéi et bei der Planung vun engem neie Lycée ass, datt fir d'éischt geplangt gëtt, datt e pedagogesch Konzept erstallt gëtt, datt e Bauprogramm gemaach gëtt, datt da gebaut gëtt, sou musse mer eis och hei op d'mannst eng Zäit ginn, fir déi nei pedagogesch Konzepter do ze denken, déi dann och an e Raumprogramm ëmzedefinéieren an och ze kucken, ob ee Raimlechkeeten huet respektiv der weider muss schafen, fir dat kënnen ëmzesetzen. An duerfir sinn dräi Joer nun eeben emol eng absolut plausibel an nach ëmmer ambitiéis Iwwergangszäit.

Ech muss soen, Här President, ech fannen et eigentlech och méi korrekt, fir d'alleréischt de Go vun der Chamber ze froen, fir deen dote Wee ze goen, wéi einfach elo mol dat doten an deene vergaangene Jore gemaach ze hunn an dann d'Chamber eréischt ze froen, ob se d'accord ass, fir d'Schoulpflicht vu 16 op 18 Joer eropzesetzen. Well wann dat jo net de Fall wär, hätte mer herno vläicht Infrastrukturen an och Personal gehat, wou eigentlech keng Schülerinnen a Schüler méi do gewiescht wären. Duerfir ass dat dote fir mech awer vun der richteger Säit aus geduecht.

Dat waren e puer Äntwerten op Är Froen an Dir wësst, datt ech sécherlech bereet sinn, och bei anerer Geleeënheet op deen ambitiösen a wichtege Projet – well ech mengen et geet och hei ëm sozial Gerechtegkeet vun eisem Schoulsystem – méi am Fong kënnen anzegoen. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Meisch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 299 vum Här Carlo Weber iwwert d'pandemiebedéngte Lacune vu Schüler. Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 299 du 8 mars 2022 de M. Carlo Weber relative aux lacunes résultant des impacts de la pandémie sur les élèves et étudiants,**

**adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Merci, Här President. Weinst der Pandemie konnten an dräi Schouljoren d'Schoulprogrammer net ganz ëmgesat ginn, soudass bei ville Schüler eng Rei Lacunen entstanen sinn. Confinement, Klassenopdeeling an A- a B-Gruppen an Homeschooling hunn déi lescht Jore markéiert.

Fir deem entgéintzewierken, goufen ënner anerem d'Programmer vun de Premièresexamen gekierzt. Well sech fir déi aner Klasse hei eng Rei Problemer respektiv Froen stellen, Här Minister Meisch: Wéi gesäit de Bilan aus vum deem, wat eis Schüler net nëmme Joer fir Joer, mee insgesamt an deenen dräi Joer verpasst hunn? Wéi wäit beaflosst de Parcours vun der Grondschoul d'Kanner op laang Siicht? Mussen d'Programmer virun iwwerschafft ginn?

Dann nach e bësse méi eppes Positives an deene schwéiere Momenter: Et gouf viru Kuerzem ugekënnegt, wann dat neit Covidgesetz bis hei gestëmmt gëtt, géif an de Klassenall d'Maskepflicht fir d'Schüler an Enseignanten opgehuewe ginn. Ab wat fir engem Datum kann een dat virgesinn?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Weber. Den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den honorabelen Här Weber huet absolutt Recht, fir nach eemol drop opmierksam ze maachen, datt d'Schoul alles aneschtens wéi normal fonctionéiert huet déi lescht zwee Joer. An awer, denken ech, ass et Dank engem ganz kollektiven Effort hei zu Lëtzebuerg méiglech gewiescht, fir den Ausfall vun der Schoul op e Minimum ze reduzéieren. Am Lycée waren dat nach just emol 34 Deeg, wou d'Schoul wierklech zou war. An am Verglach mat allen aneren OECD-Länner leie mer do op der zweeter Plaz. An dat ass sécherlech och de Meritt vun allen Deputéierten heibannen, well mer dat jo ëmmer zesummen diskutéiert hunn a wierklech der Importenz vun der Schoul ëmmer Prioritéit ginn hunn, wann et dann iergendwéi méiglech war. An et ass op där anerer Säit awer sécherlech och de Meritt vun den Enseignanten, vun den Educateurs, vun den Elteren, och vun de Schüler selwer, datt se ganz vill aner Reegelen op sech geholl hunn a ganz vill aner Méi op sech geholl hunn, fir dat doten iwwerhaupt ze erméiglechen.

Net nëmmen, datt d'Schoul op war, de Lycée, d'Grondschoulen, mee och d'Maison-relais. Net nëmmen, datt mer hei eng Kontinuitéit an de Servicere hate bei de Schoulen, mee och bei ganz villen Hëllefsgéingschter hate mer eng Kontinuitéit. Ech erënnere mech, datt – virun zwee Joer war et –, déi alleréischt Aktivitéiten, déi erëm stattfonnt hu vu mengem Ministère a Presenz, dat waren déi vum ONE, fir wierklech Schülerinnen a Schüler ze hëllefen a Jonken ze hëllefen a ganz schwéieren a prekäre Situatiounen.

Mir hu jo och während deene Wochen, wou d'Schoul dann awer zou war respektiv wou Schülerinnen a Schüler hu mussen doheem bleiwen, weinst enger Quarantän oder well se dann am Isolement waren, also och krank waren, gekuckt, datt mer hinne och op Distanz sou gutt wéi méiglech gehollef hunn. Net nëmmen duerch dach awer e gutt funktionéierenden Distanzunterricht, deen Dank enger digitaler Plattform, déi mer virun en place haten, konnt fonctionéieren – ouni déi wär dat sécherlech net esou schnell méiglech gewiescht –, mee mir hunn awer gläichzäiteg gekuckt, all d'Acteuren, d'Enseignanten, d'Elteren doheem och ze ënnerstëtzen, nämlech



iwwer schouldoheem.lu mat ganz vill Inspiratioun, fir sënnavoll Aktivitéiten doheem kënnen ze maachen.

Mir musse sécherlech kucken, wéi wäit datt déi Efforten, déi mer och schonn an der Pandemie ugefaangen hunn, fir eventuell Retarden erëm opzehuelen, weider noutwendeg sinn a wéi mer se nach besser strukturéiert kënnen kréien. Ech denke virun allem hei un d'Summerschoul, wat eng Innovatioun ass, déi mer fir d'éischte Kéier am Summer 2020 och organiséiert hunn, fir deene Schülerinnen a Schüler, déi wierklech d'Gefill haten, eppes verpasst ze hunn, an deenen zwou Woche virun dem Start, virun der Rentrée am September d'Chance ze ginn, an d'Schoul kënnen ze kommen an an deene jeeweilege Fächer dann och e Retard kënnen opzeschaffen. Mat grousser Erfolleg huet dat stattfonnt an och mat engem groussen Zousproch huet dat stattfonnt, an och am Joer 2021. An ech denken, datt et eigentlech an Zukunft net méi ewechzedanken ass. Och wa mer d'Pandemie iergendwann eng Kéier laang hanner eis gelooss hunn, brauche mer awer esou Offere wéi déi dote.

Deen anere Punkt ass natierlech och d'Wuelbefanne vun de Kanner an deene Jonken, déi och gelidden hunn. Mer kënnen hei net nëmme vu schoulesche Leeschtungen a schoulesche Resultater schwätzen, mee mer mussen och kucken, wat d'Pandemie a wat all déi Aschränkungen, wat dat Net-jonk-dierfe-sinn an Net-Kand-dierfe-si während enger gewëssener Zäit dach awer psychologesch mat de Kanner gemaach huet. An do trifft et sech gutt, datt mer grad e Jugendpakt an Ausaarbechtung hunn, wou mer eng ganz Rei vun Initiativen och wäerten huele ronderëm d'Wuelbefanne vun deene Jonken.

Mir hunn decidéiert, datt mer en Delegéierte fir d'Bienveillance an alle Lycéeën wëllen designéieren. Mir hunn eng Formatioun, en Éischt-Hëllef-Cours souzeseen, fir d'mental Gesondheet elo schonn Honnert Schülerinnen a Schüler ugebueden, déi dann och wierklech do, jo, de Secourist si fir d'mental Gesondheet an hirer Schoul, en éischten Uspriechpartner och kënnen sinn an e Bindeglied kënnen sinn tëschent de Jonken, de Kanner, de Jugendlechen an deene professionnelle Strukturen, wéi mer se dann an engem SePAS och hunn.

Ech wëll vläicht kuerz, Här President, nach erwänen, datt mer jo eng éischt Bestandsopnam, och wat déi schoulesch Leeschtungen ubelaangt, gemaach hunn – dat war mam LUCET am November 2020 –, déi viru knapp engem Joer publizéiert konnt ginn, wou jo d'Kompetenzentwécklung vun de Schüler alleguerten zu enzelnen, ganz prezise Momenter an hirer Schoulkarriär analyséiert gouf a verglach gouf mat deenen Analyse vun deene Jore virdrun. An do hu mer eigentlech gesinn, datt mer opgrond vun de schoulesche Leeschtunge kee grouse Retard konnte feststellen. Natierlech ass dat emol ënnerschiddlech jee no Schüler ze gesi gewiescht a jee no enzelne Kompetenzen, déi gemooss gi sinn. E gréisser Problem, wann ee vun esou engem ka schwätzen iwwerhaapt, war et da beim däitschen Hörverstehen. Mee och do hu mer jo direkt agewierkt an hu gesot, datt bei de Schülerinnen an de Schüler, wou dat de Fall wär, wou do e Retard entstanen ass, datt do ganz besonnesch sollt drop Suerg geluecht ginn, zum Beispill och iwwer d'Asetze vum sougenannten Appui pédagogique. A mir waarden eigentlech elo, ronderëm Ouschteren, mat Spannung op déi nächst Analys vum LUCET, wat dann déi Foto vum November 2021 ass, also no engem weidere Joer Pandemie, a kucken, wéi dann d'Kompetenzentwécklung do weidergaangen ass an ob et net awer an deem zweete Joer vun der Pandemie zu gréisseren Differenze komm ass.

Eng wäertvoll Informatioun, Här President, an deem Kontext ass vläicht nach, datt mer dëst Joer de Programm net kierz fir d'Première, mee mir wäerten awer zousätzlech Froe méiglech maachen, wou eenzel Froen dann och als Choix kënnen geholl ginn. Wann een da mol vläicht eng Kéier während enger, zwou Wochen a Quarantän war oder isoléiert war, well ee positiv war, an de Programm net esou intensiv konnt mat suivéieren, wéi dat am Presenzunterrecht de Fall gewiescht wär, kann een dann eeben déi aner Fro do welen.

An déi lescht Fro, wéini d'Masken aus de Schoule verschwannen, déi kann ech eigentlech nëmme zréck un d'Chamber ginn, well dat hânt dovunner of, wéini Dir dat Gesetz stëmmt. An dann e puer Stonnen duerno wäert dat de Fall sinn.

Villmools merci.

*(Interruption)*

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Meisch.

Mir kommen dann un d'Fro Nummer 300 vum Marc Goergen un den Här Minister fir Energie iwwer d'Cyberattacken op d'Wandmillen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

*(Interruptions et hilarité)*

**– Question n° 300 du 8 mars 2022 de M. Marc Goergen relative à des cyberattaques contre des éoliennes, adressée à M. le Ministre de l'Énergie**

**M. Marc Goergen (Piraten) |** Här Di Bartolomeo, ech hu leider net verstanen, wéi ech do laanschtgaange sinn, wat Der gesot hutt, mee ech huelen un, et ass eppes Feines.

**M. Fernand Etgen, Président |** Kommt zu Ärer Fro, Här Goergen.

*(Interruption)*

**M. Fernand Kartheiser (ADR) |** Loosst Iech net oflenken!

**M. Marc Goergen (Piraten) |** Här President, ech hu mer e puer Suerge gemaach ëm eis Wandrieder am Land. Et ass jo bekanntlech esou gewiescht, dass europawäit eng Cyberattack gefouert ginn ass géint Wandrieder. An dofir geet meng Fro och un den Här Turmes, ob dat zu Lëtzebuerg de Fall war, ob et do Stéierung gouf. A falls jo, a wéi engem Ausmooss déi waren. An dann, wann et esou en Hackerugriff gëtt, ob mir hei zu Lëtzebuerg virbereet sinn, ob dat néidegt Personal do ass, fir déi Situatioun ze regléieren. Well et kann ee jo dovun ausgoen, dass et warscheinlech net dee leschten Hackerugriff war. An et wär jo awer gutt, wa mer do virbereet wäeren.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Goergen. Den Här Minister fir Energie, den Här Claude Turmes, huet d'Wuert.

**M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie |** Här President, léif Deputéiert, et ass effektiv esou, dass grousser Warscheinlechkeet no russesch Hacker e Modem attackéiert hunn, an deem an der Ukrain Milliounen Leit en Internetzougang haten. An dunn huet sech dobäi erausgestallt, dass dee Modem och genotzt ginn ass vun engem däitsche Wandenergieproduzent – ech kann en och nennen, well et an der Zeitung war, et ass Enercon –, deen 8.000 Wandturbinnen an Europa huet.

Ech mengen, déi éischt Fro ass: Wat ass de Schued? Et ass esou, dass all déi Wandmillen eigentlech Remote Control hunn. Dat heescht, déi kann een dann och à distance iwwerwaachen. Et ass awer esou, dass dat eigentlech nëmme wierklech elo eng Wichtegkeet

huet, wa mol eng Pann ass, wann ... Dat heescht, dass een à distance dat kann anticipéieren a se éischer flécken. Et ass kee Problem am Normalen, quasi wann et eng normal Situatioun ass vu Wand. Et ass och kee Problem bei Stuerm. Dat hat ech elo extra nach eng Kéier nogefrot op e puer Säiten. Et ass esou, dass, wann en décke Wand ass oder eppes, wat een dann och op Lëtzebuergesch kann e Stuerm nennen, dass dann déi Wandmille sech automatesch aus dem Wand dréien. An et brauch een duerfir dee Modem respektiv déi Remote Control net. Duerfir ass de Schued eigentlech relativ geréng.

Wat geschitt elo? Dee Modem, dee muss ... Et ass eigentlech d'Software vun deem Modem, déi gehackt ginn ass. Dee Modem muss nei bespillt ginn. Dat ass am Moment amgang ze geschéien. Dat Gutt ass och: Dee Modem ass net uewen an der Wandmillen, mee ënnen. Dat heescht, wat elo geschitt, dat ass: Iwwert déi nächst zwou, dräi Woche ginn déi Modemen ausgetosch. Do kéint ee vum der Firma Enercon, dee geet ënnen eran, dee bréngt e Modem mat, dee schonn nei bespillt ass, an ersetzt deen. Dat heescht, dat ass och mat relativ wéineg Opwand méiglech.

An der Zwëschenzäit ass et esou, dass souwuel den Hiersteller Enercon wéi och Soler, wat dee gréisste Bedreier ass, hir Ekippen ugestallt hunn, fir méi reegelméisseg laanscht d'Wandturbinnen ze fueren. An eise Virdeel ass och, Enercon hiert Wartungsteam, déi sëtzen zu Bitburg. Dat heescht, dass déi eigentlech och relativ no um Land sinn an dass eeben och am Normale jo eigentlech déi Kontroll, ob dann iergendee Problem ass op enger Wandmillen, ka gutt geschéien.

Cybersecurity ass natierlech eppes, wat grad am Energieberäich eng immens Wichtegkeet huet, an et ass och esou, dass mer zesummeschaffe souwuel an Europa wéi och um Niveau vun eisen Nopeschlänner an deem Pentalateral Forum mat Frankräich, Däitschland, Benelux an esou weider. Mir hunn Ëmfroe gemaach bei de Leit, déi Netzer bedreien, Kraaftwierker bedreien. A si gesinn alleguerten d'Cybersecurity als deen éischte Risiko, deen héchste Risiko, a mir schaffen natierlech do zesummen, fir dat ze vermeiden.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci dem Här Energieminister Claude Turmes.

An da komme mer zur Fro Nummer 301 vun der Madamm Josée Lorsché un d'Madamm Gesondheetsministesch iwwer d'Clinique de la douleur. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 301 du 8 mars 2022 de Mme Josée Lorsché relative à la clinique de la douleur, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

**Mme Josée Lorsché (déi gréng) |** Merci, Här President. Jo, meng Fro riicht sech un Iech, Madamm Gesondheetsministesch an delegéiert Ministesch vun der Sécurité sociale. Et geet notament ëm de Projet vun der Schmerztherapie, deen am Koalitionsaccord festgehal ass ass a wou d'Prise en charge fir chronesch Schmerzpatienten substaanzell sollt ausgebaut ginn. Dozou gehéiert ënner anerem d'Kreatioun vun engem Réseau de compétences „douleur chronique“, esou wéi et och am Spidolsgesetz virgesi war, d'Spidolsgesetz vun 2018, an doriwier eraus och am Plan Cancer 2014–2018.

Dir wësst, datt mer nach net esou wäit sinn. Laut mengen Informatiounen ass et an der Realitéit haut esou, datt d'Behandlungsméiglechkeete fir déi geschätzte 6.000 bis 12.000 schwéier chronesch Schmerzpatienten a -patientinnen op d'mannst



fënnefmol ënnert de Besoine leien an datt den entspreichende Pilotprojet eigentlech just während zwee Joer, 2017 an 2018, am CHL finanziert ginn ass.

Haut muss een doriwwer eraus och feststellen, datt d'Waardezäite fir dës Zort vu Patienten immens laang sinn, datt vill Beträffener net adequat behandelt kënnen ginn an datt se sech dowéinst entweeder am Ausland behandle loosson oder einfach nëmme guer net.

En anere wichtege Punkt ass deen, datt chronesch Schmärzpatienten zu Lëtzebuerg net vun engem Plan de suivi kënnen profitéieren. Esou e Plang géif et jo notament erlaben, den individuelle Parcours vun de Beträffene multidisziplinär auszerichten a geziilt un déi individuell Besoinen unzepassen.

Madamm Minister, leider stellt sech dann och eraus, datt eng Rei Schmärztherapeuten, déi zu Lëtzebuerg aktiv sinn, mat der Iddi spillen, hir Aktivitéit opzeginn, well et laut hiren Informatiounen zanter zwielef Joer u genuch Mëttele feelt. An duerfir ass jo dann och dee Projet an de Koalitionsaccord agefloss.

Aus all deene Grënn wëilt ech Iech éischters froen, wou d'Extensioon vun der Schmärztherapie méttlerweil drun ass, notament wat d'Kreatioun vum Réseau de compétences ubelaangt.

Meng zweet Fro ass déi, wéi et mat den Diskussiounen ronderëm d'Nomenclature ausgesäit. An der Praxis ass et jo esou, datt deen eenzeg an zimmlech bescheidenen Tarif vun 2018 staamt, mee net kann applizéiert ginn, well et nach un engem Réseau de compétences feelt.

An da meng drëtt a lescht Fro ass déi, ob geplangt ass, d'Schmärztherapeute wéi an anere Länner och zu Lëtzebuerg unzekerennen, also déi Spezialisatioun; dëst net nëmme fir ze verhéineren, datt d'Schmärztherapeuten d'Bengele bei Tromm geheien, wéi ech et virdu gesot hunn, mee och fir ze errechen, datt méi Medezinstudenten a -studentinnen respektiv och Doktere sech an d'Richtung vun der Schmärztherapie géifen orientéieren. Dat kéim ganz ville Leit zegutt.

An dofir soen ech Iech och schonn elo villmools Merci fir Är bestëmmt positiv Äntwerten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lorsché. D'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Merci, Här President. Jo, e puer Wieder zu de chronesche Schmärzen. Dat ass eng Problematik, déi eng grouss Prioritéit unerkannt kritt huet iwwert den Accord de coalition an där och eng Realitéit hei zu Lëtzebuerg zugronn läit.

Wat ass virgesi ginn? Et ass virgesinn, dass dee Konzept, deen nationale Konzept, deen ausgeschafft ginn ass am Kader vun der Plateforme nationale cancer, soll ëmgeseit ginn iwwert de Wee vu justement, Dir hutt et erwänt, engem Réseau de compétences. E spezifesch Réseau de compétences, wou mer nach herno d'Geleeënheet wäerten hunn ..., dat ass jo ee vun de Punkte vun der Interpellatioun, déi herno usteet, wou mer nach kënnen méi generell drop zrëckkommen.

Wéi leeft dat of? Mir hunn an eisem Spidolsgesetz niewent de Réseaux de compétences, déi virgesi sinn, Unité-hospitalière, déi kënnen zum Asaz komme fir d'Diagnos, fir den Traitement, och fir d'Soinen, dat ronderëm eng Prise en charge, déi eng multidisziplinär Composante huet.

D'Unitéiten, dat ass dat, wat se ausmécht, déi schaffen am Réseau, net nëmme am Spidol, mee och mat den

Dokteren am Extrahospitalier an aneren Acteuren, déi Soinen am Extrahospitalier prestéieren. An dofir brauch et selbstverständlech déi néideg Kompetenzen an der Algologie, an der Anästhesie an awer och an anere Beräicher, Psychologie, Kinesithérapie, déi hei an d'Spill kommen, Relaxationstechniken an Éducation thérapeutique.

Déi sougenannte Consultation-spécialiséen, déi sollen also accessibel gemaach ginn, och fir den ambulante Patient, an dat méiglechste reegelméisseg. E gewëssene Quantum pro Woch ass virgesinn. An d'Unitéite mussen och en direkte Lien hu mat deenen néidege Services, dat ass de Service vun der Onkologie, Orthopädie oder och aner Services, déi mer an de Spideeler hunn.

Wéi gesäit et elo aus mat der Mise en œuvre dovunner? Et ass esou, dass eng Demande erakomm ass fir d'Nomenclature. Déi ass och do, déi ass zrëckbehalte ginn. Dat heescht, d'Nomenclature, déi besteet entretemps, wäert awer eréischt an den Asaz kommen, wann de Réseau de compétences bis agreéiert ass.

Wat ass de Libellé elo vun der Nomenclature? Dat ass den Tarif, den C77. Dat ass eng Consultation majorée vum agreéierten Dokter, deen dann am Réseau de compétences „douleur chronique“ wäert kollaboréieren. Wourobber hu mer eis do baséiert? Am Fong geholl op eng Demande, déi initialement presentéiert ginn ass – dat geet eng Rei Joren zrëck – vum Cercle luxembourgeois d'algologie. Dat ass déi Demande, déi aviséiert ginn ass vun der Cellule d'expertise médicale an déi och der Tarifikatioun, déi elo festgehalen ginn ass, zugronn läit. Dat deviiert, hunn ech mer soe gelooss, liicht vun deem méi rezente Bréif, dee mer elo am März dëst Joer kritt hunn. Mee wéi gesot, hei ass geschafft ginn op där Demande, déi virlooch, an et ass déi, déi aviséiert ginn ass. Et ass deen Avis, dee suivéiert ginn ass. An et handelt sech dobäi eeben ëm eng Consultation majorée, wou d'Heicht och deem entsprécht, wat initialement gefrot ginn ass. Et ass e relativ héijen Tarif majoré, deen hei wäert spillen.

Wéi gesäit et elo mat de Reseau selwer aus? Dat ass dat, wat Iech warscheinlech am meeschten interesséiert. Mir hunn, an do wäert ech herno an der Interpellatioun zu deem Punkt dann och drop agoen, eng ganz Rei Demandé kritt, fir Réseau-de-compétences. Déi sinn elo esou lues prett. Déi éischt véier si komplett Dossieren a stinn deemnächst um Ordre du jour.

D'Commission de gestion interhospitalière leeft ënnert der Présidence vum Direkter vun der Santé, an deen hat iwwert déi lescht zwee Joer, wéi mer alleguerten heibanne wëssen, eng Rei aner Prioritéiten och op senger Agenda, soudass eis Alldaagsaarbechten zum Deel wierklech zrëckgeschrafft gi sinn a massiv zrëckgeschrafft gi sinn. Dat ass tragesch, mee dat huet dës Kris mat sech bruecht, well eis ganz Dokterschaft vun der Santé am Asaz war an och zum Deel nach am Asaz ass un der Front an der Covidbekämpfung. Mee mir sinn awer elo ..., lues a lues huele mer eis Aarbechten erëm op. An deen heite Projet ass ee vun deenen, deen ech herno och wäert erwänen, vun deenen, déi eebe prett sinn. An do kënnen mer jo am Kader vun der Interpellatioun nach eng Kéier drop agoen.

Ech sinn zouversichtlech, dass dat elo schnell geet. Mir si jo um Wee an eng gewëssene Normalitéit. Mir rechnen elo an deenen nächste Méint op alle Fall op der Covidfront net mat neien Iwwerraschungen, soudass ech hei hoffentlech geschwé ka matdeelen, dass et esou wäit ass an dass dann déi éischt Reseauen, ech mengen, et sinn der véier, déi prett sinn, dass déi och kënnen operationell ginn.

Ech géif Iech Merci soen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Lenert.

Mir kommen dann un d'Fro Nummer 302 vun der Madamm Diane Adehm un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend iwwert d'Integratioun vun den ukrainesche Refugiéskanner an den öffentleche Schoulen. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 302 du 8 mars 2022 de Mme Diane Adehm relative à l'intégration des enfants des réfugiés en provenance de l'Ukraine dans les écoles publiques, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech mengen, mir erliewen et de Moment alleguerten an all eise Gemengen. All Dag kommen ëmmer erëm Mamm mat Kanner un. An da stellt sech natierlech um Niveau vun de Gemengen d'Fro mat de Kanner: Wat solle mer mat deene maachen? Huele mer se an eis Schoulen? Huele mer se net an eis Schoulen?

Ech hat gëschter och eng Question urgente zu deem doten Thema gestallt. Ech muss allerdéngs soen: Ech sinn äusserst enttäuscht, an net nëmme ech, och aner Leit, déi an der Responsabilitéit a Gemenge sinn, dass d'Urgence vun där Question parlementaire net unerkannt ginn ass. Dat weist eigentlech, dass déi Leit, déi dat decidéiert hunn, zimmlech wäit ewech si vun deem, wat de Moment um Terrain leeft. Bon, Här Minister, et ass net Är Schold, wéilt ech awer och kloer soen!

Duerfir hu mer awer gëschter vum Interieur eng Circulaire kritt, wou dann en Ziedel dralouch, an där stoung, dass mer, wann dann Ukrainer op d'Gemeng kommen, se solle weiderschécken, engersäits un d'CASNA an anerersäits un de SECAM. Ech hunn déi Saachen da gekuckt. Dat ass d'Cellule d'accueil solidaire pour élèves nouveaux arrivants engersäits an de Service de la scolarisation des enfants étrangers anerersäits. Déi Circulaire, déi mer kritt hunn, déi adresséiert sech un Eltere vu Kanner vu 4 bis 17 Joer. Wann een awer op den Internetsite geet vun deenen zwee Organismen, do steet drop, dass déi eigentlech nëmme zustänneg si fir Kanner ab zwielef Joer.

Duerfir meng Fro: Wat geschitt da schlussendlech mat de Kanner ënner zwielef Joer? Wat geschitt mat de Kanner iwwer zwielef Joer? Gi se an de Lëtzebuerger Schoulsystem integréiert, jo oder nee? Gi se an eng Europaschoul verweisen oder an eng International School?

An um Niveau vun de Gemenge wieren d'Gemengen awer frou, wa se géife méi séier wéi a véier Wochen eng Äntwert kréie fir ze wëssen, ob si dann elo d'ukrainesch Kanner an hire Schoulsystem ophuelen, ob se an de reguläre System ginn oder ob vum Ministère aus virgesinn ass, dass déi Kanner à part enseignéiert ginn. Wa se à part enseignéiert ginn, mussen d'Gemengen der Schoul Säll zur Verfügung stellen oder huet de Ministère eng Bestandsopnam gemaach vun de Raimlechteeten, déi e selwer huet? An ass et méiglech, fir dann d'ukrainesch Kanner direkt do ze enseigneieren? A wann dat sollt de Fall sinn: Wie këmmert sech dann och nach ëm de Schoultransport vun de Kanner bis an déi Infrastrukturen?

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Adehm. De Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dee schreckleche Krich an



der Ukrain huet net nëmmen eng nei weltpolitesch Realitéit mat sech bruecht, mee och eng nei Realitéit fir Dausenden, jo, Honnerttausende vu Kanner a vu Jonken, déi op der Flucht sinn, heiansdo op sech aleng gestallt, meeschtens mat hirer Mamm ënnerwee, a wou mer dervu mussen ausgoen, datt der an deenen nächsten Deeg, an dat ass momentan schonn amgaangen, an och Wochen a Méint Dausend, vläicht Zweedausend, vläicht och méi, hei zu Lëtzebuerg wäerten ukommen, ëm déi mer eis da musse këmmen.

Déi hunn hiert Ëmfeld verlooss. Si hunn dacks en Deel vun hirer Famill hanner sech gelooss. Ganz dacks hire Papp, deen net konnt matkommen, bis elo op jidde Fall. Si hunn hir Schoukollege verlooss. Si hunn hir Veräinsaktivitéiten net méi. Alles dat, wat hiert Liewen uitgemaach huet, hu se net méi. A si sinn hei ukomm an enger neier Realitéit, déi awer fir si nach ganz nei ass a wéineg Realitéit duerstellt. An duerfir, mengen ech, ass et wichteg, datt mer no e puer Wochen kucken, no deenen all déi Prozeduren, déi och, wann een an d'Land kënn an hei wëllt bliwen, no esou enger Situatioun jo mol musse gekläert ginn, datt een do och méiglechst schnell an d'Schoul kënn. Mee ech denken, datt et och vum éischten Dag u wichteg ass, datt déi Kanner lues a lues erëm kënnen Kanner sinn, déi jonk kënnen jonk sinn. Datt se och nieft der Schoul, an och vläicht éier se souguer kënnen an d'Schoul goen, kënnen eng Rei vun Aktivitéite maachen. An dorunner schaffe mer momentan.

Ech denken, sou wéi bei änleche Krise virdrun, wann ee Land an Europa dat dote kann hikréien, da si mir et. Well mir hunn alleguerten, all eis Schoulen an ech mengen och d'Gemengenautoritéiten, eng breet an eng laang Erfahrung, fir Kanner, déi hir Scharitéit an engem Land ugefaangen hunn an déi dann op Lëtzebuerg kommen, hei ze integréieren. An a Prozentsätz ausgedréckt huet keen anert Land déi Erfahrung an déi Experienz doranner ewéi mir.

A mir ziele bis zu 2.000 Primo-arrivante pro Joer, déi aus ganz villen ënnerschiddleche Länner kommen – dacks europäesch Länner, ganz dacks awer och net europäesch Länner – an déi mer musse während hirer Scharitéit hei integréieren an eis Schoulen. An dat maache mer!

Zegutt kënn eis sécherlech och, datt mer eng diversifizéiert Schoullandschaft hunn, wou mer ganz ënnerschiddlech Offeren hunn, soudatt déi Kanner mat ënnerschiddleche Viraussetzungen, mat ënnerschiddlechem Passé, mat ënnerschiddleche Sproochen a Kulture sech net alleguerten enger Schoul mussen upassen, mee datt sech eis Schoullandschaft awer esou breet opgestallt huet, datt do fir jiddereen op d'mannst relativ no eppes derbäi ka sinn, wat dach Sënn mécht a wou een do eng fair Chance huet, fir kënnen eng Kéier Fouss ze faassen.

An awer ass dat heite sécherlech net esou evident, well ganz vill vun deene Kanner hiren Elteren, hire Famille jo net wëlle laang bliwen. A mir hoffen alleguerten, datt et iergendwann an deenen nächste Wochen, Méint erëm eng Kéier eng Méiglechkeet gëtt, datt der vill och kéinten zréckgoen. An an deem Austausch, dee mer hu mat deene Familien, déi ukommen, ass dat ganz dacks deen éischte Wonsch: „Schoul, jo. Mee, wannechglift, an der Kontinuitéit vun deem, wat mer an eise Land gemaach hunn, fir méiglechst schnell och erëm kënnen dohinner zréckzegoen an näischt verluer ze hunn.“ Ob dat realistesch ass oder net, kann ech net soen à ce stade, ka kee soen à ce stade. Mee mir sinn trotz allem amgaangen, och ze kucken, wéi mer gewësse Formatiounen och an ukrainescher Sprooch kéinten ubidden – wou mer sécherlech keng Experienz hunn, wou mer awer och Kontakt hu mat Leit, déi dat kéinte maachen –, an och ze kucken, datt op d'mannst bei deene Beschoulungen,

déi mer wäerten organiséieren, Elementer an ukrainescher Sprooch derbäi wäerte sinn.

Et stellt sech de Problem, datt an der Ukrain an aller Reegel eng aner Schrëft gebraucht gëtt; eng kyrillesch Schrëft. Et gëtt awer och Friemsproochenunterrecht. Dat ass awer zum Deel ënnerschiddlech. Ganz vill Jonker kommen hei u mat engem gudden Englesch. Eenzelner hunn och emol Däitsch geléiert, mee doriwwer eraus ass Däitsch éischter awer d'Ausnam. A Franséisch fënnt ee ganz wéineg. A mir wëssen, wéi wichteg déi däitsch Sprooch an déi franséisch Sprooch awer sinn, fir hei an eise traditionelle Schoulsystem kënnen Fouss ze faassen.

Bei all deem doten, wat ech hei soen, gëtt et dann awer nach Ënnerscheeder nom Alter, wéini d'Kand dann ageschoult ginn ass. Well et och eng Rei vu politesche Reformen, wéi mer eis kënnen virstellen, wat d'Schrëft a wat d'Friemsproochen ubelaangt, an der Ukrain, a grad an deene leschte Joren, gi sinn, spillt et och eng Roll, wéi laang een do schonn an d'Schoul gaangen ass. An et spillt och eng Roll, a wat fir enger Regioun een an d'Schoul gaangen ass. Also et ass net jiddereen, deen am selwechten Alter hei ukënn, och an där selwechter Situatioun, datt en, wat d'Sproochen ubelaangt, déi selwecht Viraussetzung hei huet.

An awer denken ech, datt mer an där leschter Woch oder an deene leschten zéng Deeg, wou mer eis där Problematik do mat ganz ënnerschiddlechen Acteuren och schonn ugehooll hunn, awer viles scho beweegt hunn. Mir wäerten als Ministère vun der Éducation nationale, de l'Enfance et de la jeunesse och present sinn an deem Guichet unique mat deenen aneren Instanzen, déi den éischten Accueil maachen, sécherlech d'Immigratioun an d'Gesondheet do derbäi. Mir wäerten och drop halen, datt mer all Fall, deen do erakënn, gesinn, fir eng genau Analys kënnen ze maachen, och eng méiglechst gutt Orientatioun vun deem Schüler kënnen da virzehuelen an och kënnen ze erklären, wat fir eng Méiglechkeet vu Beschoulung mer hei hunn.

Well et gëtt ebe vill Méiglechkeeten. Et gëtt Classe-d'accueilen oder Cours-d'accueilen, wéi se an de Grondschoule queesch uechtert d'Land iwwerall proposéiert ginn. Mee et gëtt awer och Classe-d'accueilen zum Beispill an den agreéierten Europaschoulen, wou ee kéint eng engleschsproocheg Filière wéile mat Däitsch als éischter Friemsprooch a wou ee vläicht iwwer eng Classe d'accueil iwwer Méint oder e Joer kéint kucken, eng Bréck an esou eng Sektoun ze bauen, a wou een duerno kéint seng Scharitéit, wann een och zu Lëtzebuerg géif bliwen, weiderféieren an e Baccalauréat européen ofschléissen. Mir hunn awer och Classe-d'accueilen am Lycée Michel Lucius, wou een op Basis vun den A-Grades e reng engleschsproocheg Programm ubitt. Falls zum Beispill éischter déi Friemsprooch Däitsch géif Problemer maachen, géif d'Orientatioun vläicht éischter an déi dote Richtung higoen.

Mir sinn also breet opgestallt. An duerfir, mengen ech, ass et awer wichteg, datt mer sou vill wéi méiglech Kanner och gesinn an da kucken, datt mer se sou gutt wéi méiglech orientéieren opgrond vun hirem Passé an hirem Bagage, mat deem se kommen.

Sollten 2.000 Kanner, Jonker an deenen nächste Wochen a Méint bei eis kommen, stellt dat eis natierlech virun eng grouss Erausforderung, infrastrukturrell gesinn, well déi Plaz hunn d'Gemengen net, wat d'Grondschoul ubelaangt, déi hu mir net an eise staatleche Grondschoulen, hu mer och net einfach esou an de Lycéien. Doriwwer musse mer kucken.

Mir hunn och d'Personal net. Well 2.000 Kanner, deelt dat einfach emol eng Kéier duerch e Personalschlüssel, wéi mer en an der Educatioun awer hunn, do si mer da ganz schnell bei 200 Enseignantë plus Educateuren an esou weider. An déi fanne mer sécherlech net no den

übleche Konditiounen, wéi mer normalerweis zu Lëtzebuerg rekrutéieren. Mee mir wäerte se awer warscheinlech och net einfach fannen no Sproochekonditiounen, wa mer zum Beispill soen: „Mir hätten gär virun allem engleschsproocheg Enseignanten“, well et déi Sektione wäerte sinn, wou mer denken, datt et fair Chancë ginn, datt se hei kéinte Fouss faassen an och eppes kéinte mat zréckhuelen, wa se an absebarer Zäit kéinten an hiert Land zréckgoen. A virun allem net, wa mer och ukrainesch Formatiounen wëllen ubidden, da si mer do natierlech ganz, ganz staark limitéiert, och wa mer all Effort wäerte maachen.

Trotz allen Onsécherheeten, déi momentan do existéieren, si mer amgaangen, mat alle Partner ze kucken, eis sou gutt wéi méiglech opzustellen. A mir ziele selbstverständlech och do op de Soutien an d'Zesummenaarbecht mat de Gemengen, déi elo net mussen aner Prozedure maachen, wann en ukrainesch Kand kënn, wéi dat bis elo de Fall war, mee déi eigentlech och ... Well ukrainesch Kanner an aner Kanner aus Drëttstaate sinn och an der Vergaangenheet an de Gemengeservicer opgetaucht, fir kënnen beschoult ze ginn. An da soll een och deen dote Wee goen.

Wichteg ass, mengen ech, datt et awer och den Hiweis gëtt: Mellt Iech och eng Kéier bei deene Strukturen, déi Der zitéiert hutt, fir dann do eng Orientatioun kënnen ze kréien.

An dann hoffen ech, datt mir dat doten zesummen hikréien an ech sinn éischter optimistesches, hutt Der héieren. An ech hoffen awer och, datt d'Situatioun sech berouegt, datt Der der net ze vill hei musst dauerhaft integréieren an datt der méiglechst vill erëm eng normal Realitéit bei sech am Land kéinte fannen, och wa mat all Stonn, all Dag déi Hoffnung vläicht e Stéck méi kleng gëtt.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Meisch.**

Mir kommen elo zur Fro Nummer 303 vum Här Gusty Graas un den Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten iwwert d'Organisatioun an de Verlaf vum Chantier op der A3-Autobunn. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 303 du 8 mars 2022 de M. Gusty Graas relative à l'organisation et au déroulement du chantier de l'autoroute A3, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President.** Déi lescht Woche gouf jo zimmlech schaarf schonn ofgeholzt laanscht d'A3, wat jo drop schléisse léisst, datt dann och de Chantier gläich wäert ugoen. Ech hu gëschter an der Press gelies, datt dee Chantier soll deen nächste Samschdeg lassgoen, an zwar op engem Tronçon vun 3,5 Kilometer a Richtung Frankräich vun der Croix de Gasperich Richtung Diddeleng, Frankräich. Op där anerer Säit soll dat dann de 16. Abrëll lassgoen.

Et ass virgesinn, datt elo nach just sollen zwou Bunn zréckbehalen ginn, wou dann d'Maximalvitesse soll 70 Kilometer sinn. Et wier och keng Bande d'arrêt méi fir Urgencë virgesinn. An deesen Tronçon wier dann 2024 fäerdeg.

Wann een aus Richtung Frankräich kéim, da géifen u sech déi dräi Bunn opgehuewe ginn, fir eeben och de Problem virun allem op der Aire de Berchem ze evitéieren, wou et da vun dräi op zwou Bunne geet, wou dann oft e Réckstau entsteet. An an deem Kontext wollt ech dowéinst e puer Froen un den Här Minister stellen. Fir d'éischt emol: Stëmme déi Aussoen, déi ech elo an der Press gelies hunn? Ech hunn nach de Moien den Internetsite vun de Ponts et chaussées consultéiert an do hunn ech elo keng



Informatione fonnt. Mee, wéi gesot, et ass elo och schonn an zwee Organer vun der Press esou matgedeelt ginn.

Wann ee weess, datt am Duerchschnitt 67.000 Autoe respektiv Camionen den Dag déi Autobunn benotzen, bis zu enger Spëtzt vun 90.000 an de Summerméint, da weess ee jo, wat dat doten alles ka bedeuten. Dowéinst wollt ech emol froen, ob elo–dann awer nach zousätzlech Mesurë virgesi sinn, fir, wéi gesot, en eventuelle Chaos do esou wäit wéi méiglech kënnen ze evitéieren. Ass vläicht och virgesinn, zousätzlech Bussen oder Zich anzesetzen?

Dann eng drëtt Fro ass déi: Wéi ass d'Situatioun, wa Rettungsdéngschter müssen elo déi Autobunn do, déi natierlech da vill méi schmuelt fonctionéiert, benotzen? An da virun allem och eng véierte Fro: Dat ass d'Informationspolitik och vis-à-vis vläicht vun de Frontalieren. Et wier jo wichteg, datt een déi elo géif fréizäiteg informéieren, wat alles op se duerkennt, ob een net do och kéint erreechen, datt se géifen zu anere Mëttele gräifen, fir dann herno an eist Land eranzekommen.

An dann eng fënneft Fro: Dat ass natierlech och d'Information mat de Gemengen. Do si jo eng Rei vu Gemengen, déi warscheinlech d'Nuisancë vun deem Chantier do wäerten ze spiere kréien. Bon, bei enger Gemeng ass mer bekannt, datt anscheinend nächsten Donneschden dann elo eng Informationsversammlung soll sinn. Mee doriwwer eraus, wat ass an deenen nächste Woche respektiv och Méint, Jore virgesinn, inwiefern d'Gemengen ëmmer do matabezue ginn? Well ech mengen, et ass awer ganz wichteg, well et soll ee sech jo kengen Illusiounen higninn.

Et kann ee sech jo awer ganz gutt virstellen, datt warscheinlech de Flux sech elo warscheinlech wäert an eenzele Gemengen an deenen nächste Jore verdeelen. An dowéinst, an deem Sënn wier et awer gutt, datt ee géif maximal ëmmer erëm e gudden Drot zu den eenzelne Gemenge sichen. Voilà, ech soen Iech Merci, Här Minister.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Graas. Den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** | Merci, Här President an och dem Här Graas fir déi Froen. Bon, ech mengen et gëtt jo keen neie Moment par rapport zu deem Projet. Deen ass bekannt an deem ass och am Exposé des motifs vum Gesetz, am Finanzéierungsgesetz, laang a breet motivéiert.

Dir wësst, datt siwe Phase kommen an deem Bau do. Et ass e komplizéiert Bau, well mer natierlech während där ganzer Bauphas d'Autobunn ni kënnen spären. Dat ass natierlech esou, datt mer müssen ëmmer zweemol zwou Spuere garantéieren. Dat, wat elo vun Aarbechten niewent den Ofholzungsarbechten, déi Der beschriwwen hutt, amgaangen ass, dat ass d'Vorbereitung, dat ass de Balisage, dat ass eeben och fir ze kucken, datt mer op déi zweemol zwou, also déi zwou Spuere mat reduziéierter Vitess kommen. Bon, Dir sot 70 km/h, wéi gesäit dat do aus? Ech mengen, op där do Autobunn, do ass d'Charge esou, datt déi meescht frou wäeren, wa se kéinten dauernd 70 km/h fueren. Wann Der do owes an der Spëttestonnen Richtung Frankräich fuert, do fuert Der normalerweis emol keng 70. Dofir ass et am Fong keng weesentlech Ännerung.

Et ass natierlech manner Plaz do. An de grouesse Problem ass éischter, wann een Accident passéiert, dat heescht, wa keng Pannespuer méi do ass a wann do natierlech ee quier steet, jo gutt, da gëtt et natierlech do wierklech ganz enk.

Ech ginn awer dovun aus, duerch de Fait, datt d'Vitess immens erofgesat ass, an déi wäert och do relativ sec mat mobil Radaren, also mat Chantiersradare kontrolléiert ginn, datt doduerjer och d'Accidenter wäerten erofgoen, well déi meescht Accidenter passéieren, well da versicht gëtt, haaptsächlech an de Spëttestonnen, e bësse méi ..., naja, wann et dann erëm e bësse rullt, da gëtt op de Gas gedréckt, wat net ëmmer dat Allergescheit ass, well dat awer dann oft zu Accidenter féiert.

Also et gëtt awer keng Wonnerléisungen, dee Chantier kann een nëmmen esou maachen, mee et gëtt och keng Auswäichméiglechkeeten, ausser déi klasesch Auswäichstroossen, déi jo och virgesi si bei der Autobunn, bei der A3, datt wann en Accident ass, wa se zou ass. Ech mengen, Dir sidd vu Beetebuerger, Dir kennt se dann och. Dat sinn och déi, déi hei da géife benotzt ginn. Mee, wéi gesot, fir de Rescht hoffe mer, datt de Verkéier mat staark reduziéierter Vitess awer normal do leeft, mat Ausnam vun den Accidenter. A wann natierlech en Accident ass, spillen och d'Reegele vun der Rettungsgaass, wéi wann d'Autospueren normal fonctionéieren.

Déi éischt Phas, déi elo amgang ass, dat ass d'Gaasperecher Kräiz bis op d'Aire de Berchem an dann natierlech gläichzäiteg op der Grenz, do gëtt eng Wäldbréck gebaut. Dat ass deen anere Chantier, deen Der och ugeschwat hutt, no bei der franséischer Grenz.

An da kënnt déi zweet Phas, dat ass dann d'Verbreedung vum Viaduc zu Léiweng. An da kënnt déi Phas duerno, dat ass d'Verbreedung Beetebuerger Kräiz-Diddeleng mat dem Émbau och vum Echangeur vun Diddeleng. An da geet et weider op d'Verbreedung, den Echangeur zu Léiweng Richtung Beetebuerger an d'Beetebuerger Kräiz, wat ëmgebaut gëtt, an dann den Émbau vum Echangeur Léiweng op där anerer Säit an dann natierlech nach eng Kéier d'Beetebuerger Kräiz op där anerer Säit. Also dee ganze Chantier, deen dauert, wann alles normal leeft, fënnf Joer, 2022 bis 2027. An do wäerte sécherlech och Phase sinn, wou et e bësse méi schwierig gëtt wéi bei aneren.

Ech mengen, déi Brécken, déi mer bauen, déi stéieren elo manner, well dat ass elo ënnen op der Autobunn selwer jo keen esou e groussen Agrëff. Mee kloer ass, datt déi Dispositioun mat verengte Spueren, mat erofgesater Vitess natierlech ëmmer eng Baustellenzäit ass. A wann Der am Ausland kuckt oder op groussen Autobunnen, wou et emol esou Tronçone sinn, da wësst Der, et geet ni 100%eg gutt. Mee mat där Autobunn hei geet et souwisou net gutt, an dat ass jo och de Grond, firwat mer déi Aarbechten do maachen an déi Capacitéit do wëllen erweideren.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bausch.

Mir kommen elo un d'Fro Nummer 304 vun der Madamm Martine Hansen un den Här Minister fir Energie iwwert d'Präisshausse vum Spritt vu leschte Freideg. An des Fro stellt den Här Gilles Roth a Vertriebung vun der Madamm Martine Hansen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 304 du 8 mars 2022 de Mme Martine Hansen relative à la hausse des prix des carburants vendredi dernier, adressée à M. le Ministre de l'Énergie**

**M. Gilles Roth (CSV)**, en remplacement de Mme Martine Hansen (CSV) | Merci, Här President. Ech erlabe mer des Fro ze stellen a Vertriebung vun eiser Fraktiounspräsidentin, dem Martine Hansen, déi haut e Stierfall bei sech an der Famill huet. Hir Schwëster

ass no laangem Leide gestuerwen an eis Gedanken, déi si beim Martine a bei senger Famill.

Déi Fro, déi ech wollt stellen am Numm vun der CSV-Fraktioun, déi riicht sech un den Energieminister, den Här Turmes, an déi geet effektiv ëm déi explodéierend Sprittpräisser, wou eng leschten Hausse, eng substanzieel Hausse de leschte Freideg notament um Diesel komm ass.

Sécherlech hunn déi Sprittpräisser mat dem Ukrainkrich ze dinn. Mee si hunn net nëmme mat dem Ukrainkrich ze dinn. Dat ass och d'Ursoach, firwat dass mir viru Wochen dese Sujet als CSV-Fraktioun thematiséiert hunn. Déi Präisdeierecht um Spritt, um Mazout an un anere Produiten, déi geet bis wäit an d'Mittelschicht vun de Lëtzebuerger eran. An Dir wësst, dass de Lëtzebuerger an déi Leit, déi hei wunnen, laang stallhalen. Mee Dir wësst och, wann Der an Äre Gemengen a soss mat de Leit schwätzt, dass déi Präisdeierechten d'Leit seriö erfassen a vill Leit d'Enner um Enn vum Mount net méi zsummekréien. A fir vill Leit ass d'Enn vum Mount virun dem 28. oder dem 31.

Ech wëll Iech just ee Beispill ginn, wat dat fir déi eenzel Famill oder fir deen eenzelne Steierzueler ausblennt. E Liter Diesel, also en Tank Diesel vu 50 Liter, dee kascht haut ronn 30 Euro méi deier wéi virun engem Joer.

Wann Der dat op eng Duerchschnittsflaeschung vun 20.000 Kilometer pro Joer mat 7 Liter rechent, da sinn dat 700 Euro. Dat si 700 Euro. Den Index vun enger Persoun, déi 4.000 Euro brutto verdéngt oder als Pensioun huet, déi kritt bei enger Indexranch 2,5 % bäi, dat sinn 100 Euro. Wa se do d'Steieren dovun of-rechent, sinn dat bei engem marginale Steiersaz vu 40 % 40 Euro. Da geet nach d'Sécurité sociale of, well déi Leit bezuelen alleguete Sécurité sociale, nach eng Kéier 12 Euro. Dat heescht, vun deenen 100 Euro hunn déi Leit nach 48 Euro Rescht – 48 Euro.

Setzt déi emol an de Verglach ...

*(Interruption)*

Setzt déi emol an de Verglach mat deenen 30 Euro, déi d'Leit méi bezuelen op enger Tankfëllung. An eng Tankfëllung, do wësst Der, besonnesch am ländleche Raum, dass déi net iwwert de Mount duergeet.

Fir Iech ze soen, wat de Staat dorobber verdéngt op engem Liter Diesel: 1,72 Euro. Elo kënnt Der allegueren de Kapp rëselen. Mee d'Rechnung ass kloer. 41 % vun deem Liter Diesel ginn an d'Accisen. Da ginn nach eng Kéier 9 Cent an d'CO<sub>2</sub>-Steier an et gi sage und schreibe nach eng Kéier zousätzlech 25 Cent an d'TVA. Dat heescht, grosso modo verdéngt de Staat eleng op 1,72 Euro, déi de Mensch pro Liter Diesel op der Pompel bezitt 75 Cent. Dat heescht, vun deem Liter Diesel, dee verzaapt gëtt, verdéngt de Staat 44 %.

Dir Damm an Dir Hären, mir fannen dat an dësen Zäiten net normal. Mir fannen et net normal, well niewent de Sprittpräisser jo och nach d'Hëtzes derbäikënn an op een Tank Mazout kommen ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... och nach eng Kéier 2.500 Euro Méikäschen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Här Roth, mir sinn an enger Froestonn an net an enger Explikatiounsstonn.

**M. Gilles Roth (CSV)**, en remplacement de Mme Martine Hansen (CSV) | Jo, jo, mir sinn an enger Froestonn. An duerrfir ass déi ganz kloer Fuerderung vun der CSV, dass déi Suen, déi de Staat als Méieinamen op der TVA huet, direkt un d'Leit zrëckginn. A mir froen, wat d'Äntwert vun dem Energieminister, dem Här Turmes, dorobber ass, dass en dat do net ideologesch kuckt, well bis elo kréien d'Leit, déi mat Diesel, Bensinn fueren, an deene Moossnamen, déi de



Staat erhuewen huet, glat a guer näischt. A mir hätte gären eng kloer Äntwert vum Energieminister, wat e fir déi Präisdeierecht, déi notamment e Samschdeg an e Sonndeg op d'Leit zoukomm ass ..., wéi en iwwert déi denkt.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. Den Här Bausch freet d'Wuert.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, ech wollt just eng Fro stellen. Mir hu kee Problem, dat doten ze diskutéieren, mee datt dem Här Roth seng Interventioun elo par rapport zum Libellé ... Dat ass eigentlech eng Interpellatioun oder eng Heure d'actualité. Mir kënne jo ..., den Här Turmes kann net a fénnef Minutten dat doten hei beäntweren, beim beschte Wëllen.

An ech fannen, Här President ... Här President, wann Der erlaabt. Här Roth, wann Der erlaabt, Iech dierfen eppes ze soen. Wa mer gären ... Ech hu kee Problem ... Mir si bereet, fir alles an déi Chamber hei diskutéieren ze kommen, mee da musse mer awer vläicht aner Formulle fannen. Mir kënne net esou e vasten Thema hei a fénnef Minutten an enger Heure de questions offäerdeg. Ech fannen dat net ganz korrekt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Dir hutt absolutt Recht, Här Roth ...

*(Hilarité)*

... an dofir kritt den Här Turmes elo d'Wuert an deem stinn am Fong geholl ...

*(Hilarité)*

... da véier Minutten zou, fir op déi Fro ze äntweren. An ech géif den Här Turmes bidden, sech un déi véier Minutten ze halen. An dat anert, dat musse mer dann eng aner Kéier diskutéieren, wann een eeben déi Fro esou breet fächert, wéi den Här Roth et gemaach huet, an abuséiert huet vu senger Zäit iwwer méi wéi dat Duebelt. Merci villmools.

**Une voix** | O!

**M. Gilles Roth** (CSV), en remplacement de Mme Martine Hansen (CSV) | Ech hu gäre fir d'Lëtzeburger abuséiert vu menger Zäit.

*(Brouhaha)*

An eng Heure ...

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | O, dat huet awer mat de Lëtzeburger elo guer näischt ze dinn. Här President ...

*(Interruptions)*

**M. Gilles Roth** (CSV), en remplacement de Mme Martine Hansen (CSV) | An eng Heure d'actualité ass ugefrot fir d'nächst Woch.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Gilles Roth, Dir hutt schonn abuséiert vun der Zäit, déi Dir zur Verfügung hat, a loosst elo den Här Turmes schwätzen.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Et ass schued, dass esou e wichtige Sujet esou hei polemiséiert gëtt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, Dir sidd am Fong geholl ëmmer deen, dee sech Saachen zoumutt, déi Iech opgrond vum Reglement net zoustinn. Dir sidd wierklech deen, deen sech am Fong geholl am heefegsten net un d'Regelwierk, wat an dësem Haus gëllt, hält.

**Une voix** | Erwëscht! Erwëscht!

**M. Gilles Roth** (CSV), en remplacement de Mme Martine Hansen (CSV) | Geheit Der mech elo och nach gären eraus, Här President?

**Une voix** | E Recidivist! E Recidivist!

**M. Fernand Etgen**, Président | Sou, Här Energieminister, Dir hutt elo d'Wuert.

*(Brouhaha)*

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Gutt. Ech mengen, mir sinn an enger ganz eeschter Situatioun. Mir haten e Pétroilmarché, dee war schonn ugespaant. Ech mengen, déi Grënn hat ech nach eng Kéier hei erkläert. Nom Covid hu ganz vill Regierungen op der ganzer Welt eigentlech wirtschaftlech Stimulusprogrammer gemaach. Dat huet d'Nofro vum Pétrol no uewe gedriwwen, an an engems musst Der och verstoen, dass während dem Lockdown vum Covid eenzel Pétrolproduzenten aus dem Marché erausgaange sinn, notamment och an Amerika bei Seaoil.

Déi ganz ugespaante Situatioun ass natierlech elo nach zousätzlech befeiert duerch deen Iwwerfall vu Russland op d'Ukrain. De Marché ass extreem nervös. All Äusserung vun deem engen oder vun deem aneren huet onwarscheinlech Spréng vun de Pétrolspräisser mat sech bruecht oder bréngt der am Moment mat sech.

D'lescht Woch – wou ech och länger an der Kommissioun driwwer geschwat hunn –, hate mir eng gewëssen Hoffnung, dass d'OPEC, déi jo d'Uelegproduzentelänner sinn, dass sech do géif eppes beweegen. Do ass awer elo näischt geschitt. Dat anert, wou een och gesäit, wéi Russland an enger gewësser Hisiicht och bal knaschteg spillt, ass deen Accord mat dem Iran, wou et jo ëm den Atomprogramm vum dem Iran geet. Ech mengen, do war elo eng gewëssen Hoffnung do, dass dee kéint ofgeschloss ginn. An da géif Iran op de Weltmarché kommen. Och dat gëtt vu Russland am Moment blockéiert, soudass mer eng ganz schwiereng Situatioun hunn.

Dir hutt och gesinn, dass déi Diskussioun, déi de Weekend an Amerika vun de Republikaner gefouert ginn ass am Ufank fir ze soen: „Mir kafen elo guer kee Pétrol méi aus Russland“, dass dat och nach eng Kéier derzou gefouert huet, dass de Präis no uewe gaangen ass. Dat heescht, mir sinn an enger extreem volatiller Situatioun, wat ... Ech mengen, mir sinn hei an engem globale Marché. Wat een do muss maachen, dat si global Reaktiounen. Duerfir war jo och d'lescht Woch eng wichteg Reunioun um Niveau vun der Internationaler Energieagentur. An do ass jo och en Oil-Release-Programm decidéiert ginn. En ass nach net duerchgefouert ginn, dat heescht, et sinn Einzeler, déi soen, dat hätt jo guer keen Impakt gehat. Dir musst wëssen, dass dat, wat d'lescht Woch decidéiert ginn ass, elo an der Preparatioun ass. Do hu mer eng ganz Rei Länner weltwäit, Kanada, Mexiko, Amerika, anerer, déi do matmaachen. An dee Programm gëtt elo organiséiert a gëtt déi nächst Deeg dann och duerchgefouert. An da gesäit een, ob déi Moosnam, fir um Weltpétroilmarché ze intervenéieren, ob dat iergendeen Effekt huet.

An Zwëschenzäit hu mer jo och als Regierung ganz wäitreechend Moosname geholl beim Gas, beim Stroum. An et ass jo och esou, dass d'Allocation de vie chère eropgesat ginn ass, a mir hu se och méi breet gemaach. Dat heescht, den ieweschte Plaffong vun engem Empfänger ass elo ëm 25 % no uewe gesat ginn. An da gëtt et e Formulaire, dee vun Ministère vun der Madamm Cahen déi nächst Deeg elo wäert op den Internet kommen. Da kënne all déi Leit, déi am Moment Schwierengkeeten hunn an do drënner falen ... Déi 4.000 Euro, do hu mer e Plafong, dee méi

héich ass, soudass Leit, déi den Här Roth do virdrun erwänt huet, kënne, wann dat dann esou ass an et ëm eng Mazoutsrechnung geet, gehollef kréien.

Mir sinn och amgaang, mat de Betriber ze kucken, wéi eng Moosnamen dass mer huelen. A muer wäerte mer an der Regierung elo nach eng Kéier de Point maachen. Haut kënnt och an dëse Minutten en neit Dokument eraus vun der Europäescher Kommissioun, wou mer als Europa geschlossen och probéieren, hei op déi Kris eng Äntwert ze ginn.

D'iwwernächst Woch ass eng Reunioun zu Paräis vun der Internationaler Energieagentur. An do wäerte mer dann natierlech och nach eng Kéier iwwert deen Oil-Release-Programm eraus driwwer diskutéieren, wat mer kënne als international Staatgemeinschaft maachen, fir de Pétrolspräis an de Grëff ze kréien. Mee dat ass net einfach. An ech mengen, et ass keng einfach Situatioun. Mee mir mussen awer och oppassen, all déi Iddien, déi, déi eng oder aner hunn ... Et sinn der jo och, déi soen, mir fréieren de Pétrolspräis an, mir fréieren de Gaspräis an ...

Ech ginn Iech just d'Beispill vum Gaspräis: De Gaspräis afréieren, een Euro pro Megawattstonn, wann ech dat just maache fir d'Haushalter zu Lëtzebuerg, kascht 3,3 Milliounen. De Gaspräis ass méi wéi 50 Euro d'Megawattstonn geklommen, dat heescht, wa mer op déi Moosnam agaange wieren, dann hätte mer elo schonn 110, 120 Milliounen verbrannt. An ech mengen, et ass och wichteg, dass mir als Regierung op d'mannst och mat eisem Budget seriö ëmginn an net hei aus der Héft schéissen.

Ech soen Iech villmools Merci.

*(Brouhaha)*

**Une voix** | Dat ass keng Äntwert op d'Fro.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Claude Turmes.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 305 vun der Madamm Jessie Thill un den Här Minister fir Energie iwwert d'EU-Strategie betreffend Fossilenergien. Madamm Thill, Dir hutt d'Wuert.

*(Brouhaha)*

Här Roth, Dir hutt d'Wuert net méi.

*(Interruptions diverses)*

Madamm Thill, Dir hutt d'Wuert.

*(Interruptions diverses)*

**Une voix** | Den Här Bausch huet den Här Roth eppes gefrot an den Här Roth huet dem Här Bausch geäntwert, Här President.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, dann huet den Här Bausch mat an da gitt Der dat, wat Der ze klären hutt, virun d'Dier klären. Madamm Thill, loosst Iech net duerch déi do beieren.

**– Question n° 305 du 8 mars 2022 de Mme Jessie Thill relative à la stratégie de l'Union européenne concernant les énergies fossiles, adressée à M. le Ministre de l'Énergie**

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Här Chambers-president, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Membere vun der Regierung, d'EU finanzéiert aktuell mat hiren Energieimporter dem Putin säi Krich an der Ukrain, andeems gewaltig Menge Gas, Ueleg a Kuel aus Russland akaf ginn.

Haut ass d'EU-Kommissioun zesummen, fir enger Strategie ze schaffen zur Energieversuergungssécherheet. Déi aktuell Situatioun huet verständlecherweis e staarken Afloss op de Positionnement vun dëser



Versuergungssécherheet. Hei geet et awer net nēmen òm d'Ofhängegkeet vis-à-vis vu Russland, mee generell vu fossillen Energieimporter.

An dēsem Kontext wēilt ech gären déi folgend zwou Froen un den Här Minister Turmes stellen: Als éischt d'Onofhängegkeet vu fossillen Energien: Wat sinn d'Haaptelementer, déi ee sech elo am Dokument vun der EU-Kommissioun erwaarde kann? Wéi gesäit de Minister déi aktuell Situatioun zur Versuergungssécherheet a wat maache mir konkreet hei zu Lëtzebuerg, fir manner ofhängeg ze ginn?

An dann als zweet Fro zur Atomenergie: Eng weider Problematik sinn d'Atomkraaftwierker an der Ukrain, déi aktuell eng Gefor fir d'EU duerstellen, well se vu russeschen Truppe besat a geziilt ugegraff ginn. Wéi schätzt de Minister hei déi aktuell Situatioun an der Ukrain am Bezuch op d'Sécherheet vun dēsen Anlagen an? Wéi gesäit d'Reaktioun vun der EU op dēs Situatioun aus? Ka Lëtzebuerg heirop Afloss huelen?

Och déi international Atombehörd IAEA huet dovu gewarnt, datt déi ukrainesch Atomkraaftwierker ëmmer méi zu engem Risiko ginn. Als wéi schlëmm schätzt d'IAEA déi aktuell Situatioun an a wat sinn d'Virschléi vun der EU?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Thill. Den Här Minister fir Energie, den Här Claude Turmes, huet d'Wuert.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Et ass effektiv esou, dass d'Europäesch Kommissioun haut eng nei Kommunikatioun verëffentlecht iwwert d'Energiesituatioun an Europa. Déi war ugekënnegt fir d'Mëttegstonn, si ass awer elo op 15.30 Auer verschoben. Ech mengen, et ass kloer, dass och innerhalb vun der Europäescher Kommissioun do nach eng ganz Rei Diskussiounen sinn, wéi een elo do effikass virgeet. Et sinn e puer Leake ginn, also et hat een e puer Dokumenter vu leschter Woch.

Ech war e Freideg och nach mat e puer Leit, déi do um Text schreiwen, um Telefon. Ech mengen, et ass fir jiddweree kloer, an dat war och interessant beim leschte Meeting vun den Energieministren, dass mer mussen méi schnell virumaache mat der Energieeffizienz, mat den erneierbaren Energien. An eng vu menge Fuerderungen, wou ech säit Wochen a Méint elo hannendru war, ass, dass mer eng besser Reegulung brauche fir d'Gasspäicher, virun allem an Däitschland, an Éisträich an an Holland, wou Gazprom dervun aus, dass dat elo de Mëtteg an den Text kënnt, an dat ass och fir d'Gasversuergungssécherheet vu Lëtzebuerg e ganz, ganz wichtege Punkt.

An och erwaarde mer eis an deem Dokument vun der Kommissioun e ganz Kapitel doriwwer, wéi mer de Betriber geziilt hëllefen. Dir wësst, dass d'Betriber an engem europäesche Bannemarché sinn an dass et natierlech wichteg gëtt, dass een do net ee Land géint dat anert ausspillt, dass mer iwwerall an Europa de Betriber hëllefen, mee am beschten esou cibléiert wéi méiglech.

Fläicht e Wuert zu där ganz schwiereger Situatioun an der Ukrain, wat d'Atomkraaftwierker ubelaangt, besonnesch dat zu Saporischschja. Et ass eemoleg an der Weltgeschichte, dass e Land an engem Konflikt mat engem anere Land Atomkraaftwierker notzt, fir psychologeschen oder souguer vläicht driwwer eraus eng reell Bedroung vun der Bevëlkerung ze maachen. An dat wier jo och eng Bedroung, déi bei engem Accident géif wäit iwwert d'ukrainesch Grenzen Impakt op aner Länner hunn.

Wat hu mir gemaach? Mir hunn eise Botschafter zu Wien, dee bei där Internationaler Atomenergiebehörd sëtzt, direkt kontaktéiert. Mir hunn och mat Däitschland zesummen dunn derfir gesuergt, dass direkt Drock do war, dass den Här Grossi, deen den Direkter ass vun där Agentur, sech ageschalt huet. Dee probéiert jo am Moment, vor Ort ze goen.

Dat Geféierlechste ass engersäits, et ass natierlech ... Dir musst Iech virstellen, Dir bedreift en Atomkraaftwierk – et ass jo näischt Einfaches – an niewendru steet eigentlech ee mat engem gezückte Revolver, well et ass näischt anescht, dass déi Leit, déi an deem Reakter schaffen, haut also quasi gezwonge gi vun de Russen, vum russesche Militär, déi do sinn, fir do weider ze schaffen. An dat richteg Geféierlecht ass eigentlech: Dir hutt dräi Stroumleitungen, déi op dat Atomkraaftwierk zouginn, a wann de Stroum ewechfällt, dat ass ëmmer dee geféierlechste Moment – ech mengen, dat war och zu Fukushima de Fall –, dat heescht, dass dann de Reakter net méi gekillt gi kann.

Gutt, do si mer nach net. Mee ech mengen, et ass awer dat, wou mer elo mussen dorop hischaffen, dass dat eben net geschitt.

Et ass och esou, dass de Mëtteg de Lëtzeburger Botschafter zu Wien am Numm vun der Regierung eng Interventioun wäert maachen, fir nach eng Kéier drop hinzewiesen: Éischstens, et ass och e Broch vun enger besteeënder UN-Charta, dass een eigentlech dat net därerf maachen, wat Russland do mécht.

Dat Zweet ass, nach eng Kéier drop hinzewiesen, dass alles muss gemaach ginn, vor Ort, fir dass dat do net ausufert. An dat Drëtt ass eben och, fir einfach nach eng Kéier wierklech d'Fro och ze stellen ... Normalerweise gëtt diskutéiert iwwert d'Atomsécherheet an déi huet awer e Safety-Aspekt a se huet e Security-Aspekt, an hei gi mer elo wierklech a militäresch, deelweis schon hallef terroristesche Aktiounen. Ech mengen, et ass immens wichtig, dass mer do dann och schnell ... Ech mengen, dat ass och eis Fuerderung, dass mer dann international awer och kucken, wat léiere mer heirauss an dass et och muss nei Reegele ginn, fir dass esou eppes net geschitt.

Vläicht nach ee Wuert zu ... Et si jo Leit, déi mengen, et misst een esou Minireaktere bauen an där bräicht ee jo dann Zéngtausenden. Ech mengen, dat heite weist, dass esou eppes en enorme Sécherheitsrisiko fir d'Welt wier, soudass mer, mengen ech, besser hunn, mir setzen op erneierbar Energien, dat ass wierklech eng Energie, wou ech net kann erpresst ginn, an net op d'Atomenergie.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Turmes.

An déi lescht Fro, d'Fro Nummer 306, kënnt vum Här André Bauler un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten iwwert d'Renovatioun an d'Modernisatioun vum Härebiere. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 306 du 8 mars 2022 de M. André Bauler relative aux travaux de rénovation et de modernisation du centre d'instruction militaire au Herrenberg, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Performant militäresch Infrastrukturen an Ekipementen stinn de Moment nees am Fokus vun der Aktualitéit. 2018 – Dir erënnert Iech – ass hei am Parlament e Gesetz gestëmmt ginn iwwert de Reamenagement vun de besteeënde Gebaier vun der Caserne Grand-Duc Jean um Härebiere zu Dikrech an iwwert d'Vergréisserung vun dēser Kasär.

Domat ass entscheet ginn, fir d'Infrastrukturen um Härebiere zu Dikrech an der Kasär Grand-Duc Jean ze moderniséieren. Dat war och batter néideg, well verschidde Gebaier an engem dach deelweis desolaten Zoustand waren, zum Beispill déi sanitär Ekipementen. De Bauprogramm ass vast ugeluecht. E geet vu sportlechen Infrastrukturen iwwert déi administrativ an déi schoulesch Lokaler, Raimlecheete fir Kantine, Fräizäit, Sécherheet, iwwer Stockage bis hin zu diversen Hangare fir militäresch Gefierer.

Virun deem Hannergrond wollt ech dem Här Minister folgend Froen stellen: Wou sinn dēs Aarbechten de Moment drun? Ass och virgesinn, fir um Härebiere déi digital Infrastruktur weider ze verstärken, déi besonnesch a Konfliktsituatiounen erfuerdert ass an agesat gëtt?

An zum Schluss: Wéi si mer den Ament vum verfügbare logistesche Material hier opgestallt, dat mer am Krichsfall am Concert mat anere Länner am Kader vun der NATO eventuell missten asetzen?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Bauler. Den Här Minister fir ëffentlech Aarbechten, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. Et ass gutt, datt ech zwou Kape mateneen ophunn, déi vun de Bauten an och d'Defense. Duerfir kann ech déi lescht Fro matbeantworten, soss wär dat méi schwierig gewiescht.

Merci awer dem Här Bauler fir déi Froen. An et ass esou, datt dat Gesetz effektiv, wéi hie gesot huet, 2018 scho gestëmmt ginn ass an elo gëtt et eescht, wéi een esou schéi seet. Dat heescht, mir wäerte 27 bestoend Gebaier elo an Ugrëff huelen, plus siwe Gebaier, déi nei gebaut ginn. Déi siwen nei Gebaier, déi gebaut ginn, sinn d'Kantine, d'Sportshal, en Hangar fir Gefierer. D'ganz Heizungsanlag gëtt nei gebaut. Et kënnt och eng Pelletheizung dohinner.

Dat Ganzt geschitt an dräi Phasen. 2021 sinn d'Präparatiounsarbechte gelaf, d'Autorisatiounen all gefrot ginn an déi hu mer och elo alleguerten. Dat heescht, et ass imminent, datt et lassgeet mat der éischter Phas. Déi ass och virgesinn 2022, elo nach déi nächst Wochen. Ech kommen nach drop zrëck, wann et lass soll goen.

Déi éischt Phas, déi geet tëschent 2022 an 2024 an do gëtt ongeféier 50 % vum Budget verbraucht. Dat betrëfft alles dat, wat nei gebaut gëtt. An da kënnt déi zweet Phas, dat ass 2024–2026 an dann nach eng Kéier 2026–2028, allkéiers 25 % vun de Sue wäerte benotzt ginn, well dann de Projet ofgeschloss gëtt bis 2028.

Et ass esou: No Ouschtere wäerten d'Terrassementsarbechte lassgoe fir déi nei Gebaier, vun deenen ech virdru geschwat hunn, an dann duerno wäert et natierlech direkt lassgoe mat de Gebaier; dat ass d'Sportshal an esou weider, all déi Saachen. Et ass och esou, do sinn eng Rei Saachen dobäi wéi d'Sportshal, dat ass eminent wichtig, well ech mengen, déi aktuell ass an engem ganz, ganz schlechten Zoustand an net méi dat, wat een haut brauch.

Zu all deem, wat ech beschriwwen hunn, kommen awer nach zousätzlech Saachen derbäi. Mir hunn eng Analys maache gelooss vum Härebiere am Kontext vun deem ganze Projet, deen ech hunn, fir och de Carbon Footprint vum Härebiere erfzesetzen – wéi mer méiglechst kéinten d'CO<sub>2</sub>-Emissiounen bei der Arméi reduzéieren. An déi Analys, déi ass fäerdeg an déi huet erginn, datt ganz grousst Potenzial do ass fir Fotovoltaik, fir Stroum ze produzéieren, datt den Härebiere sech kann zu 65 % selwer bedéngen. An dat ass scho



relativ vill, wann ee bedenkt: Et gött jo vill Stroum verbraucht um Härebierg mat all deem, wat mer do hunn. An déi ganz Fotovoltaik-Anlag, déi geet ... wann Der de Budget gutt gekuckt hutt vun dësem Joer, do stoung dëst Joer den éischte Montant am Budget. Dat ass e Gesamtkäschtepunkt vun 20 Milliounen. Dat gött ganz iwwert de Budget finanziert. Dir kënnt Iech erënneren, do war eng Motioun och an der Chamber an der Zäit gestëmmt ginn, wou ech d'Autorisation kritt hu vun der Chamber, an déi Richtung ze goen.

Da kënnt nach de ganzen Hangar fir logisteschen Saachen a virun allem och fir d'Dronen derbäi. Dir wësst, datt mer mat den Hollänner zesummen an engem groussen Droneprogramm sinn an do brauche mer och en neien Hangar. An et wäert och elo nach e Gesetzesprojet nokommen, e Finanzéierungsgesetz vun der Defense. Dat betrëfft déi ganz Logistik an och de Cyberberäich, wou mer jo och massiv ausbauen.

A fir Iech och direkt drop ze äntweren: Ech mengen, mir si relativ gutt opgestallt am Logisteschen. Mir sinn do souguer ëmmer relativ staark, natierlech am Verhältnis zu eiser Gréisst. Mee zum Beispill elo a Litauen, do hu mer jo sechs Zaldote sur place, mee do maache mer virun allem Logistik, dat heescht an der Grenzförsicherung a Litauen. Also dat ass schonn e Beräich, wou mer ganz staark sinn. An da guer net ze schwätze vun aneren Domänen, eisen A400M, also alles, wat mer amgaange sinn ausbauen am logistesche Beräich, wat och ëmmer méi benotzt gött vun eise Partnerstaaten.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bausch.

## 5. Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de l'égalité entre les femmes et les hommes

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Gläichstellung vu Fra a Mann, déi d'LSAP-Fraktioun ugefrot huet. An ech géif direkt d'Wuert un den honorabelen Här Dan Biancalana ginn als Vierterder vun der LSAP-Fraktioun. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**M. Dan Biancalana (LSAP)** | Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen Iech Merci, dass mer haut um internationalen Dag vun de Fraerichter an dëser Aktualitéitsstonn kuerz iwwert d'Thema Egalitéit tëschent Fraen a Männer diskutéiere kënnen. Ech denken awer, dass mer eis sollten, esou wéi et eigentlech ursprénglech ugefrot war, méi Zäit huelen, fir eis am Fong mat de verschiddenen Aspekter an Erausforderunge vun der Gläichstellung ze beschäftegen an eng Interpellatioun dann zu engem spéideren Zäitpunkt sollt virgesinn.

Fir haut ass et wichteg, en Zeechen ze setzen, dass och d'Chamber d'Gläichstellungspolitik an de Virdergrond setzt, mee et sollt och e Rappel sinn, dass dat net nëmme um 8. März e wichtige Sujet fir eis ass, mee am Fong d'ganz Joer.

**Une voix** | Très bien!

**M. Dan Biancalana (LSAP)** | Här President, mir wëssen all, dass d'Gläichstellung an eiser Verfassung verankert ass. Mir wëssen awer och, dass se de facto an der Realitéit net erreicht ass, trotz villen Initiativen a Moosnamen, déi geholl goufen, iwwer all déi lescht Joren. Et si sécher Verbesserungen ze verzechnen, nach bleift viles ëmzesetzen.

Dass déi Politicke lues, mee awer sécher ufänken, hir Friichten ze droen, weist och d'Verbesserung vu Lëtzebuerg beim Egalitéitsindex, deen a siwe Beräicher d'Gläichstellung tëschent de Fraen a Männer moost. Do si mer vu 55,6 Punkten 2005 op 61,2 Punkten 2010 geklommen a leien haut bei 72,4 Punkten, 4,4 Punkten iwwert dem EU-Durchschnitt an op der nëmmerter Plaz an der Europäescher Unioun. Dat ass positiv.

Zanter 2018 konnt Lëtzebuerg e Plus vun 2,1 Punkten erreichen, virun allem wéinst Verbesserungen an de Beräicher vum Pouvoir, dat heescht dem Undeel vun de Fraen an den Entscheidungsstrukturen, an den zweete Volet, de Suen, dat heescht déi finanziell Ressourcen an déi ekonomesch Situatioun. Do mécht Lëtzebuerg säi beschte Score a läit bei 92,4 Punkten a beim Ënnerberäich vun de finanziell Ressourcen sti mer mat 98 Punkten op der éischter Plaz. De rezentesten Zuelen no louch och den Gender Pay Gap zu Lëtzebuerg 2019 bei 1,3. Dat weist, dass mer an deem Beräich ganz no un der Gläichstellung sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Dan Biancalana (LSAP)** | En héije Score hu mer och am Beräich „Wëssen“ mat 70,8 Punkten a virun allem am Ënnerberäich Instruktioun a Participatioun mat 88,7 Punkten. Hei gouf et also e Plus vun 13,9 Punkten zanter 2010. Och dat, mengen ech, ass ganz, ganz positiv.

Alles an allem gött den Index eis also eng ganz gutt Zensur. D'Entwécklung geet also an déi richteg Richtung, mee weist awer och nach, dass esou munches ze maache bleift a weist awer och nach, wou et haakt.

Am Beräich vun den Entscheidungsstrukturen bleiwen hei zu Lëtzebuerg déi gréissten Inegalitéiten: 53,4 Punkten. Am schlechteste schneide mer am Ënnerberäich vun de wirtschaftlechen Entscheidungsstrukturen of, wou trotz enger staarker Progressioun vun awer gutt 32,2 Punkten zanter 2010 eise Score mat 37,5 Punkten net gutt ass. Hei si mer op der 15. Plaz. Dat muss ee sech op der Zong zergoe loosser.

An der nationaler Politik si mer bei ronn engem Drëttel Fraen. Et ass kloer: „On peut, on doit mieux faire!“ D'Gesetz iwwert d'Quote brauch sécherlech Zäit, bis et gräift, mee mir bleiwen alleguer gefuerdert, fir do geziilt, volontaristesche a konsequent méi Efforten ze maachen, dat heescht: generell méi staark Fraen opbauen, ënnerstëtzen an no vir bréngen. An et brauch geziilt Informatioun a Sensibiliséierung fir Egalitéit a Paritéit ëmsou méi, well eise Walsystem et generell Newcomeren effektiv schwéier mécht, Fouss ze faassen.

D'Gemengewale stinn net méi allze wäit virun der Dier. Grad dofir ass et wichteg, op Gemengenniveau d'Paritéit no vir ze bréngen. Do sti mer iwwerengs bei grad engem Véierel Fraen. Et ass dacks do, wou een als Kandidatin an als Kandidat seng éischt Schrëtt am politesche Liewe maache kann, wou een am noosten och Kontakt mat de Mënschen huet a wou een, wann een och wëllt, d'Fundament fir eng weider politesch Karriär leeë kann.

De Joresrapport vum Egalitéitsministère weist, dass bei de Gemengen effektiv ganz vill a Saache Gläichstellung geschafft gött, als Beispill fir hei kuerz ze ernimmen: d'Gläichstellungsdelegéiert an d'Opbau vum engem professionellen Netzwierk ënnert hinne; e spezifesche Internetsite fir Gemengen zum Thema Gläichstellung mat enger ganzer Rei Starterkits an och enger Boîte à outils; thematesch Wochen iwwert d'Gläichstellung, déi organiséiert ginn; an nieft de scho méi laang besteeënde kommunale Services à l'égalité des

chances d'Pilotkonventionen, déi an enger éischer Phas och scho mat dräi Gemengen ofgeschloss goufen; an och grad wéi déi europäesch Charta fir Egalitéit um lokalen Niveau, déi e staarken Engagement vun de Gemenge bedeit a wou 27 Gemenge schonn ënnerschriwwen hunn; a wat awer och e ganz flotten Incentive ass: de Prix communal de la meilleure bonne pratique an der Gläichstellung.

Wat d'Prise de décision économique, also déi wirtschaftlech Entscheidungsstrukturen, ugeet, do ass nach vill Wee ze maachen. Dat ass dee Beräich, wou mer beim Egalitéitsindex denkbar schlecht ofschneiden. Do muss mer iwwerleeën, op wéi ee Wee mer wëlle goen, dee mer och bereet sinn ze goen, fir fir méi Paritéit do ze suergen.

Dat ass e Beräich, wou een eleng mat der Fräiwëllegkeet wuel net richteg virukënn. An deem Kader wëilt ech och vun hei aus froen, wéi d'Positioun vun der Regierung gégeniwwer der EU-Direktiv vun der Égalité salariale a vu „Women on Boards“ ass.

Wichtig a richteg ass do, dass de Staat mat guddem Beispill virgeet. D'Zuel vun de Fraen an de Verwaltungsreite a staatlechen a parastaatlechen Entreprises respektiv Établissements publics ass iwwert déi lescht Joren eropgaangen, virun allem an den Établissements publics, wou mer bei ronn 40 % leien. Hei ass also eng kloer Volontéit vun der Regierung ze verzechnen.

Opfalend ass, dass et a ville Beräicher awer och un Zuele feelt, zum Beispill a Féierungspositiounen an der Fonction publique. An ech mengen, och do wier et wichteg, dass d'Regierung an alle Beräicher kloer an zouverlässeg Zuelematerial hätt. Och dat géif dem jonken Observatoire de l'égalité zoukommen, fir deem genuch Ressourcen ze ginn, fir seng Aarbecht kënnen effikass ze maache mat de kompletten Zuelen, mat statisteschem Material. An ech mengen, och dat wier benefique, fir am Kader vun internationalen Etüde kënnen dovun Gebrauch ze maachen. Nëmme opgrond vun esou Donnéeën kann een och feststellen, wou et higeet, wou Handlungsbedarf besteet a wéi eng Mesuren och deementsprechend néideg sinn.

Wichtig ass natierlech och d'Gläichstellungspolitik an de Beräicher Educatioun, Formatioun an an de Beruffer. Et ass jo och oft do, wou déi sozial Constructiounen am gréissten an och am aschneidendste sinn. An deem Kontext ënnerstëtzen a begrësse mer Initiativen an Aarbechten, fir géint Stereotype generell an och an der Berufswiel virzegoen, Stéchuert Girls' Day a Boys' Day oder Social Boys oder Women in Science respektiv déi nei an erfrëschend Campagne vun jonken Handwierk.

Den A an O fir méi Gläichberechtigung ass en Ëmdenken an eiser Gesellschaft an awer och doheem, wat och en direkten Afloss op d'Aarbechtswelt an op d'Prise de décision huet.

D'Reform vum Congé parental am Joer 2016 war e Sprong no vir, an dat weisen och d'Zuelen, dass mer do zanter 2018 d'Paritéit erreicht hunn. Et wier also wichteg, dass déi ganz positiv Entwécklung do net ophält.

Als LSAP schwätze mer eis dofir fir e Recht och op Deelzäit aus mat engem kloren Incitatif, fir dass déi zwee Elterendeeler dat Recht an Usproch huelen a sech och zu zwee gläichzäiteg ëm d'Famill këmmen. Dat ass och positiv fir d'Kanner, fir d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff, mee och fir d'Aarbecht an d'Beruffsliewen an d'Karriäre vu Fraen a Männer, déi dann à pied d'égalité ganz kloer géife stoen. Vläch komme mer dann och do ewech vun enger Situatioun, wou ee Responsabilitéitsposten nëmme da ka kréien, wann ee Vollzäit schafft.

**Plusieurs voix** | Très bien!



**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Et geet jo, mengen ech, och kloer hei ëm eng eegestänneg Existenzsicherung, ëm e gerecht Akommesverdeelen an och ëm gläich Participatiounschanzen.

Erschreckend ass awer och, dass de Sexismus op der Aarbechtsplaz nach ëmmer present ass. Ronn d'Hallschent vun de Frae wieren domadder konfrontéiert, huet rezent den OGB-L Equality an engem interne Sondage bei senge Membere recenséiert. Dat ass am Fong inakzeptabel. Hei geet et ëm Dignitéit an Integritéit. Doriwwer muss geschwat ginn. An dofir och meng Fro un d'Egalitéitsministesch, fir mam Aarbechtsminister an am Echange mat de Sozialpartner ze kucken, wéi een dergéint ka virgoen.

D'Theema Gewalt géint Fraen: Et war wichteg, dass d'Gläichstellungsministesch am Kader vun der Pandemie speziell Mesurë geholl huet, eng Informations- a Sensibilisationcampagne, permanente Monitoring, Arichtungen vun Hotline an och Auswäichméiglechkeeten zur Verfügung gestallt huet notament am Kader vun Opfänkstrukturen. Doduerch konnt den Zouwues vun häuslecher Gewalt relativ a Grenze gehale ginn am Verglach zum Ausland, wésend awer, dass och hei null Toleranz gëllt. Dat, mengen ech, muss een och ganz kloer soen.

E lescht Wuert nach zu der Etüd iwwert d'Auswirkung vum der Pandemie op d'Gläichstellung. Dat gouf jo och kierzlech presentéiert. Dës weist, dass och natierlech d'Mesurë vun der Regierung – de Chômage partiel a Congé pour raisons familiales – a ville Fäll gehollef hunn an och schlëmm Konsequenzen an engem gréisseren Ausmooss verhënnert hunn.

Mee virun allem den Ufank vun der Pandemie weist awer och aus, dass méi Fraen de Congé pour raisons familiales geholl hunn an effektiv och an de Chômage partiel gaange si wéi deem entsprechend d'Männer. Hei, mengen ech, gouf och an deem Sënn eng Chance verpasst, fir dass d'Männer sech méi gläichberechtegt effektiv och bedeelegen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ofschléissend: Den Index Report vun 2021 vum Europäeschen Institut fir Gender Equality stellt fest, dass mer bal – dass mer bal! – dräi Generatiounen brauche fir eng komplett Egalitéit, an dass d'Covidkris dee Prozess nach emol verzögert huet.

Als LSAP si mer der Meenung, dass mer dat net kënnen a sollen akzeptéieren an dass mer net nëmmen een, mee e puer Schrëtt méi musse maachen. Dofir brauch et weider Efforten, konkret Mesuren an e staarken Engagement vu Fraen a Männer zesammen, dass mir do zesammen och méi séier virukommen, fir dass eis Kanner, eis Meedercher a Jongen an enger besserer Welt liewen, wou och dann d'Gläichstellung net nëmmen an der Verfassung verankert ass, mee och um Terrain eng kloer Realitéit ass. Et geet hei schliislech ëm Geschlechtergerechtegkeet an alle Liewensberäicher a Politikfelder, um lokalen an um nationalen, um europäeschen an um internationale Plang.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Biancalana.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Georges Mischo agedroen. Här Mischo, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Georges Mischo** (CSV) | Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Gender

Gap vun 2020 vum Weltwirtschaftsforum huet et geheescht, dass mer nach 100 Joer bräichten, bis mer beruflech, politesch a wirtschaftlech eng Gläichstellung vu Fra a Mann weltwäit erreechen.

An dese Berechnunge war natierlech eng global Kris wéi d'Covid-19-Pandemie net mat aberechent. D'Pandemie gehäit dofir de Kampf fir d'Gläichstellung tëschent Fra a Mann ëm Joerzénge no hannen. D'Pandemie geet hoffentlech geschwënn op en Enn, mee d'Konsequenze wäerten eis nach laang beschäftigen, an dës op villen Niveauen, och bei der Gläichstellung tëschent Fra a Mann.

Krisensituatiounen verschäerfen dacks scho bestoend Ongläichheeten. Fraen a Meedercher leiden am stärksten u wirtschaftlechen a soziale Follge vu Krisen. Si ginn dacks verstärkt Affär vu sexueller Gewalt. D'Meedercher si meeschtens déi Éischt, déi net méi an d'Schoul dierfe goen, wann iwwerhaupt, a sinn dacks déi Lescht, déi hir schoulesch Bildung dierfe weiderféieren. Beispiller kenne mer alleguerleider genuch, an dat net nëmmen aus dem Ausland.

Frae verléiere méi dacks hir Plaz an hu manner Erspueres. An esou si Fraen a Meedercher dem Aarmutsrisiko méi séier ausgesat, wéi dat bei de Männer de Fall ass. Weltwäit si Fraen a Meedercher net nëmmen am akuutste vun den Auswirkung vum der Coronakris bedrot, et sinn och leider si, déi laangfristeg am meeschten un de Follge wäerte leiden.

Här President, fir sech elo op dee verbesserte Score vu Lëtzebuerg am Kader vum Indice d'égalité de genre ze baséieren an eis op d'Schëller ze klappen, well mer vu 70,3 op 72,4 Punkte geklomme sinn, wier haut um Internationale Fraendag sécherlech dat fälscht Zeechen, d'autant plus, well den Impakt vum der Coronakris net an d'Auswärtung vum Index Score vun 2021 mat agefloss ass.

Eng sëllegen Etüden hu gewisen, dass d'Pandemie zu engem Groussdeel et weiderhin um Réck vun de Fraen ausgedroe gouf. Et gouf festgestallt, dass et virop d'Frae waren, déi hir Aarbechtszäit reduzéiert hunn, an dass d'Fraen am stärkste vun Erschöpfung, Stress a Burnout-Symptomen betraff waren. Wie wonnert dat?

D'Infrastrukture fir d'Kannerbetreuung an d'Schoule goufe quasi iwwer Nuecht zougemaach. Primär Fraen hunn hir Aarbechtszäit reduzéiert an e Groussdeel an onbezuelt Aarbecht fir d'Kannerbetreuung an och fir d'Betreiung vu Familljemembere gestach. Natierlech waren duerch de Lockdown och méi Männer doheem an an der Erzieung vun de Kanner agebonnen, mee dës schéngt awer just eng kuerzfristeg Upassung un dës Ausnahmesituatioun gewiescht ze sinn.

Et stellt sech kloer eraus, dass sech déi traditionell Aarbechtsopdeeling innerhalb vun der Famill nëmmen a kleng Schrëtter a Richtung vun enger Entlaaschtung vun de Fraen dréit. Gläichzäiteg, dat muss hei nach eng kéier ënnerstrach ginn, waren et majoritär Fraen, déi un éischter Front vun der Kris stoungen a geschafft hunn, als Infirmiëren, als Caissière, Enseignanteën an natierlech a virun allem als Mamm.

Et sinn zu engem groussen Deel d'Fraen, déi bei der Pandemiebekämpfung kräfteg matgeholl hunn. Och wa mer si am mannsten an Diskussiounsdebatten oder Pressekonferenzen gehéiert hunn, esou sollte si e gréisst Matsproocherecht beim Opschaffe vun dëser Kris kréien.

D'Promotioun vun der Chancëgläichheet fir Meedercher a Jongen erfuert definitiv en Engagement vu Klengem un. Sollt sech d'Kand fir e sougenannten „ontypesche“ Berufswunsch entscheiden, esou soll et déi néideg Ënnerstëtzung vun doheem an awer och

vun der Schoul kréien. Mee et ass och un der Gesellschaft, sech vun agerichterte Biller a Klischeëen ze léisen. Souwuel bei Frae wéi bei Männer dominéiere Virurteeler nach ëmmer vill ze staark, wat de Choix vun der Berufskarriär ugeet. D'Medien an d'Werbung sinn un dësem Klischee natierlech net onschëlleg.

Wou leien d'Erausforderunge fir Lëtzebuerg bei der Gläichstellung vu Fra a Mann?

Eng verbessert Vereenbarkeet tëschent Aarbecht a Famill fir Fraen a Männer ass zentral, well et ass eng Viraussetzung fir eng gläichberechtegt Participatioun um Aarbechtsmaart a fir Karriär ze maachen. Den Undeel u Fraen a Féierungspositionen an der Wirtschaft, Politik a Wëssenschaft muss weiderhi verstärkt encouragéiert a promovéiert ginn.

D'Frae sinn och a sougenannte MINT-Beruffer ënnerrepräsentéiert, also mathemateschen, informatischen, wëssenschaftlechen an technesche Beruffer, obwuel Meedercher do dacks besser ofschneide wéi d'Jongen. Hei muss den Effort fir d'Promotioun vun dese Beruffer fir Frae weiderhi verstärkt an ausgebaut ginn. Et ass och néideg, d'Erzieungs-, d'Sozial- an d'Infirmiërsberuffer opzewäerten an ze moderniséieren, déi traditionell haaptsächlech vu Fraen ausgeübt ginn.

Bei Scheedungen an Trennungen sinn et dacks d'Fraen, déi dem Risiko vu finanzieller Unsécherheet ausgesat ginn. Dës gëllt nach eng kéier verstärkt fir Fraen, déi monoparental sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Georges Mischo** (CSV) | Vill Leit a vill Frae si sech zum Beispill net der Méiglechkeet bewosst, retroaktiv d'Pensionsrechter no engem Divorce zréckzekafen. D'Opfangnetz bestoend aus der néideger Betreiung a steierlecher a finanzieller Entlaaschtung an dësem Kontext muss dofir weiderhin adaptéiert ginn.

A bei all dese Punkte gëllt: Niewent sougenannten „actions positives“, Reforme vum Congé parental oder dem Divorce, verbesserten Aarbechtszäitorganisatiounen, neie Betreuungsformen oder gesetzlech verankerte Quoten mussen dréngend Virurteeler a Stereotypen, Klischeëen a Rollbiller an eise Käpp ofgebaut ginn, fir dass de Wee fräi gëtt, wat eng Normalitéit ass, dass Fraen a Féierungspositionen schaffen, Astronautin ginn, Mechatronikerin, Camionsfuhrerin, Industriemechanikerin an esou weider.

Dat Nämmelech gëllt natierlech och an déi aner Direktioun. Et sollt och zur Normalitéit ginn, dass méi Jonge sech fir e Beruff am Sozialsektor entscheiden. Fir och vum männlechen Point de vue ze profitéieren, brauche mer dofir dréngend méi Männer als Infirmier, als Assistant social oder als Educateur, fir der nëmmen e puer ze nennen.

Geschlechtergerechtegkeet fänkt an eise Kapp un. Et ass schéin ze gesinn, dass den Engagement fir d'Gläichberechtegung mat de Generatiounen net ofhëlt. Au contraire: Et ass engem Groussdeel vun de Leit immens wichteg, soudass och d'Regierungen opgefuerdert sinn, méi derfir ze maachen. Well bei dësem Sujet gëllt wéi bei kengem anere soss: E betrëfft eis all, Fra a Mann aus allen Alterskategorien an alle Beruffsbranchen an an alle Liewenssituatiounen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mischo. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, fir d'éischt wëll ech dem Kolleeg Dan Biancalana Merci soe fir seng Initiativ, fir an der



Chamber hei iwwert d'Chancëgläichheet an d'Gläichstellung vun de Geschlechter an eiser Gesellschaft ze diskutéieren, an dat grad haut um 8. März.

Et ass e ganz wichtege Sujet zu Lëtzebuerg. An ech mengen, et ass e Sujet an der ganzer Welt, et ass e Sujet, iwwert dee mir leider heibannen eis net oft Zäit genuch huelen, fir am Fong driwwer ze schwätzen.

D'Waltraud Puzicha, eng däitsch Aphoristikerin, huet 1997 gesot: „Der Kampf um Gleichberechtigung endet erst, wenn Männer und Frauen die gleichen Rechte und Pflichten haben.“ Ech mengen, dass dat Zitat och 25 Joer duerno, och haut nach Bestand huet an eventuell souguer op en Deel vum Problem vun eiser Denkweis hiweist. Et geet nämlech net just duer, vu Fraerichter ze schwätzen, mee am Allgemenge vu Rechter a vu Flichte vu béide Geschlechter.

Wann ee sech den Index vun der Chancëgeschlechtergläichheet vum leschte Joer ukuckt, da fält engem direkt an d'Aen – an den Här Biancalana huet et gesot –, dass Lëtzebuerg nieft Holland a Litauen zënter 2018 dee gréisste Fortschrëtt gemaach huet a Saache Geschlechtergläichheet. Am Verglach mat den Zuele vun 2010 huet Lëtzebuerg innerhalb vun den EU-Memberstaate souguer dee gréisste Sprong no vir gemaach.

Och am Beräich vun de Bildungschancen tëscht Jongen a Meedercher beweisen d'Zuelen, dass eis Meedercher am europäesche Verglach generell ganz héich schoulesch Ofschlëss hunn an och esou gutt Zukunftschancen.

All dës Zuele sinn natierlech kee Grond, fir eis haut selwer op d'Schëller ze klappen, mee si sinn de Beweis, dass mer um richtege Wee ënnerwee sinn, a si sinn och eng Motivatioun, fir op deem Wee do weiderzefueren. Et bleift awer definitiv, Kolleeginnen a Kolleegen, nach ganz vill Loft no uewen.

Haut ass also de Weltfraendag an op der Gare fënnt am spéiden Nomëtten eng Demo statt. Wat fuerderen d'Organisateure genau?

Ech kann am Kader vun där kuerzer Interventioun hei natierlech net op all Punkten agoen, mee loosst mech déi wichtegst erauspicken.

D'Salairesgläichheet steet op der Nummer 1 vun de Revendicatiounen. Dem leschten Index fir d'Geschlechtergläichheet no huet och do eist Land e gudden Sprong no vir gemaach, mee leider bleiwen och hei nach Efforten ze maachen, fir d'Geschlechtergläichheet tatsächlech ze erreechen.

D'lescht Joer war den Unequal Pay Day de 5. Dezember. Dat heescht, dass d'Fraen déi lescht 26 Deeg bis zum Enn vum Joer fir näischt schaffe gaange sinn. Dat ass haaptsächlech de Fall bei den Niddregverdenger, wou d'Fraen iwwerrepresentéiert sinn.

Grad bei den niddrege Paien, also am Niddreglounsektor, bestinn d'Ongläichheeten am Salaire weider. D'Aarbecht an d'Familljeliewe sinn natierlech ganz enk matenee verbonnen. D'DP setzt sech zanter Joren derfir an, dass mir eng besser Work-Life-Balance kréien, net nëmme fir d'Fraen, mee och fir d'Männer, well béid Partner solle sech d'Aarbecht am Stot besser opdeele kënnen, an och d'Kannerbetreuung soll ënner béide Partner gläichméisseg ze iwwerhuele sinn.

Laut enger Etüd vum Statec vum leschte Joer reduzéiert awer ëmmer nach all drëtt Fra hir Aarbechtszäit ab dem Alter vun 30 Joer.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, der Politik hir Aufgab ass et, de Leit iwwer Gesetzer d'Méiglechkeet ze ginn, fir méi flexibel ze schaffen, eventuell manner ze schaffen, ouni si awer iergendwéi an eng Richtung

ze zwängen. Hei begrësse mir als Demokratesch Partei ganz besonnesch d'Bereetschaft vu ville Pappen, fir de Congé parental ze huelen an esou während den éischte Liewensjoer vun de Kanner vill Zäit ze hu mat hire Puppelcher an hire kleng Kanner.

Zäit mat der Famill, Zäit mat de Kanner ze verbréngen, dat ass de Wonsch vu ganz, ganz villen Elteren zu Lëtzebuerg. A verschiddenen Deeler vun der Welt gesäit dat nach ganz anescht aus. Loosst eis eng kéier ganz kuerz op den internationalen Niveau ze schwätze kommen! An ech denken, wéi ganz vill Kolleeginnen a Kolleegen haut heibannen, mengen ech, besonnesch un d'Situatioun an der Ukrain. Männer verdeedegen hiert Land, während Frae probéieren, mat hire Kanner aus de Krichsgebiddere rauszekommen. An déi ganz Bevëlkerung an der Ukrain kämpft am Alldag ëm hiert Liewen.

A Pole leide ganz vill Fraen ënnert deem ganz, ganz strengen Odfreiwungsgesetz. An där Beispiller gëtt et der an der Welt ganz, ganz vill. Ech denken do och nach just un Afghanistan.

Loosst mech nach op den Impakt vun der Pandemie op d'Geschlechtergläichheet respektiv -ongläichheet agoen. Geschter huet de LISER jo eng Etüd zu deem Sujet presentéiert. D'Aline Muller, d'Direktesch vum LISER, huet betount, dass d'Evolutioun zu enger Geschlechtergläichheet zanter der Pandemie stagnéiert huet, jo souguer liicht zréckgaangen ass. D'Pandemie ass net geschlechtsneutral, an dës aus direkt e puer Grënn – Stéchwuert: Aarbecht. Esou hu secteursbedéngt zanter März 2020 méi Fraen hir Aarbecht verluer wéi Männer. Mir schwätzen hei haaptsächlech vum Botzsektor, awer och vum Horeca.

An derbäi kënnt, dass och am Gesondheessektor majoritär Frae schaffen. Déi enorm Belaaschtung fir déi mental Gesondheet während der Covid-19-Pandemie ass hei besonnesch ervirzeprägen.

Ofschléissend stellen ech fest, dass dat Ganzt zesummenhängt an een déi Evolutioun net vun haut op muer erreeche kann. Mee mir sollten alles weider derfir maachen, fir eng Geschlechtergläichheet ze erreechen.

D'Demokratesch Partei setzt sech derfir an, fir vun de Stereotypen iwwert déi typesch Geschlechterroll fortzekommen.

Här President, Gläichstellung ass leider keen Naturgesetz. Et geet net vum selwen. Mir mussen eppes maachen, fir dass mer virukommen. Fir d'DP ass eppes kloer: Participatioun, gläich Rechter, gläich Flichten a gläich Chancen, dat ass fir eis näischt aneres wéi en demokratescht Selbstverständnis. Duerfir lount et sech anzesetzen, duerfir lount et sech ze kämpfen, an dat net just haut, mee all Dag vum Joer.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum. An als nächsten ageschriwwene Riedner héiere mer elo déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Här President, Madamm Ministesch, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Chancëgläichheet soll net just haut Gehéier fannen, mee Gerechtegkeet tëscht all Geschlecht soll sech permanent am Alldag vu jidderengem erëmfannen an integréiert sinn. An awer ass et grad haut um Weltfraendag wichteg, dass mer haart sinn, dass mer op d'Strooss ginn an dass mer weider op Ongerechtegkeeten opmierksam maachen.

D'Zil ass et, eng gläichberechtigt Gesellschaft ze hunn. D'Zil ass et, eise Kanner, eise Meedercher wéi

och eise Bouwe vu Klengem un, vu Gebuert u bäizebréngen, dass all Mënsch déi nämmelecht Chancë verdéngt huet, dass kee Geschlecht privilegiéiert ass an dass jiddereen et verdéngt huet, am géigesäitege Respekt seng Identitéit esou auszeliwwen, wéi en dat fir richtig hält.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Mee leider si mer nach wäit ewech vun dëser Realitéit!

Här President, ech wëll a menger Fënnf-Minuten-Interventioun op dräi spezifesch Punkten agoen, wuel wëssend, dass dat just d'Spëtzt vum Äisberg ass.

Als éischte Volet wëll ech d'Violence géint d'Fraen thematiséieren, sief et déi psychesch Gewalt wéi och déi physisch Gewalt. Frae sinn dës Gewalt wäit méi ausgesat wéi Männer. Dës spigelt sech och ënner anerem an de Statistiken vun de Fraen- a Männerhaiser erëm. Hei hunn ech nach viru Kuerzem eng Question parlementaire un d'Chancëgläichheitsministesch gestallt, fir nozefroen, wéi d'Capacitéite vun de Fraenhaiser aktuell ausgesinn an ob dës der reeller Demande vum Terrain entsprechen.

D'Donkelziffer seet, dass eng Fra vun dräi an hirem Liewen Affer vu Gewalt gëtt. A grad elo an der Pandemie muss een dervun ausgoen, dass d'Gewalt am Stot an d'Luucht gaangen ass.

Eng weider erschreckend Zuel, déi virläit: An der Moyenne intervenéiert d'Police zweemol am Dag am Grand-Duché am Fall vun haislescher Gewalt. A laut enger rezenter Etüd vum OGB-L hu 46 % vun de Befroten uginn, schonn emol Affer vu Sexismus gewiescht ze sinn an 19 % vun Harcèlement sexuel. Eng Fra vun zwou ass also hei concernéiert. An e weider gravéierende Constat: Just zwee vun dräi Affer hunn de Virfall och bei hirem Patron gemellt. Zuelen, Tatsaachen a Realitéiten, déi erschrecken. Hei muss onbedéngt dergéint geschafft ginn, déi richtig Hëllefstellung ugebuede ginn a massiv opgekläert ginn.

E weidere Punkt, op deem ech agoe wëll: Fraen op Decisiounsposten. Oder och: keng Fraen op Decisiounsposten! Op deene Plazen, wou Decisiounen geholl ginn, setzen nach ëmmer bal nëmme Männer. Dës géillt souwuel fir d'Privatwirtschaft, Verwaltungsréit, awer och fir d'Politik.

Huele mer d'Beispill hei aus eisem héijen Haus. Stand haut setzen 21 Fraen an 39 Männer heibannen. Dat ass e Fraenundeel vu 35 %. Kucken ech allerdéngs op meng riets Säit, zielen ech 7 Damme vun 29 Deputéierten, also just 24 % Fraenundeel. A wann ech no lénks kucken, zielen ech 14 Damme vun 31 Deputéierten. Hei komme mer op e Fraenundeel vu 45 %.

(Brouhaha)

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mat deem Ënnerscheed, dass déi, déi op Ärer rietser Hand setzen, alleguerten direkt gewielt goufen.

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Ech weess, dass d'Quoten dacks ëmstridde sinn.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Et ass einfach, wann ee se kann an d'Regierung ewechpromouvéieren.

(Brouhaha)

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Wat wëllt Der domat soen, Här Roth?

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Ech weess, dass d'Quoten dacks ëmstridde sinn.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här Roth, wat wëllt Der dann domat soen? Sinn dat anert manner Deputéierte wéi Dir, oder wéi?



**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, d'Leit gi gewielt ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat doten ass awer wierklech e staarkt Stéck, wat Der Iech do geleescht hutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Madamm Gary huet d'Wuert an net den Här Kartheiser, net den Här Roth!

*(Interruptions diverses)*

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Merci, Här Präsident. Ech weess, datt d'Quoten dacks ëmstridde sinn, an awer schéng se wuel net ganz verkéiert ze sinn, wann een d'Situatioun heibannen ukuckt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Fir kuerz bei der Politik ze bleiwen: Nieft de Quote muss mer eis als Parteien allegueren och selwer an d'Verantwortung huelen. Mir brauchen eng konsequent Opbauarbecht vun eise Politikerinnen a mussen e politescht Ëmfeld schaffen, dat attraktiv ass, fir datt d'Frae sech och politesch engagéiere wëllen.

Ech widderhuelen hei meng Fraktiounskolleegein Djuna Bernard vum Débat de consultation iwwert de Plan d'action national d'égalité des femmes et des hommes vum Mäerz 2019: Fir Elteren däre Kannerwonsch a professionell Karriär net am Widdersproch zueene stoen! Papp solle sech net genéiere mussen, wa se hir Kanner beim Opwuesse begleet wëllen, a Mamm solle sech net rechtfertige mussen, wa se nieft hirer Roll als Mamm och eng berufleche Aktivitéit wëllen hunn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Da wéilt ech nach gären e leschte Punkt uschneiden, e Phänomeen, wou ech fäerten, datt sech quasi all Fra iergendwou erëmfënt. Ech schwätze vu „mental load“. Hei geet et ëm déi mental Belaaschtung, eleng responsabel fir alles ze sinn. Dat geet vum Management vum Familljekalenner, Schmierekëscht, déi owes muss aus dem Schoulsak geholl ginn, de Gebuertsdagskaddo fir d'Bomi, deen nach muss organiséiert ginn, de Wocheplang inklusiv dem Sport an dem Musekumterrecht vun de Kanner, de Schong, déi geschwënn ze kleng sinn an ersat mussen ginn an, an, an.

Et geet ëm Management, Plangen a Koordinatioun. Et ass immens ermüdend, permanent am Lead ze sinn. Et klaut engem Energie; Energie, déi een net huet, fir emol selwer e Buch ze liesen, an de Kino ze goen oder einfach emol no sech ze kucken. An dacks schwätze mer hei vun der Fra a ganz seele vum Mann.

Och hei muss en Ëmdenke kommen an déi kllassesch Mann/Fra-Rollen däre roueg iwwerducht ginn, a béid Parteien sollten a missten hir Responsabilitéiten iwwerhuelen a sech dës permanenten Alldagsmanagement opdeelen.

Ech schléissen of mat enger rezenter Remark hei aus der Chamber, déi eng Fraktiounskolleegein vu mir gemaach krut. Ech zitieren: „Deng Untrëtsried huet mer ganz, ganz gutt gefall, bis op deen Deel mam Feminismus. Esou eppes huet ee vläicht virun 30 Joer gebraucht, mee haut brauch een dat awer net méi.“ Ben dach! Och haut brauche mer nach Fraen a Männer, déi sech fir eng gläichberechtigt Gesellschaft asetzen, ...

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | ... déi sech trauen, eppes ze soen, a sech trauen, eppes ze änneren an déi hir Responsabilitéiten iwwerhuelen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Ech soe Merci fir d'Nolauschteren an natierlech och e ganz grouesse Merci un den Dan Biancalana, deen dës Heure d'actualité haut op dësem Dag ugefrot huet. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Gary. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kollegen, fir unzefänken en häerzleche Merci dem Här Dan Biancalana fir dës Aktualitéitsstonn, an dat um Welfraendag vun haut.

Zum Punkt vun Égalité des genres dans la prise de décision vun der haiteger Interpellatioun wëlle mir als ADR ënnersträichen, datt eng vollstänneg Gläichheet tëschent de Geschlechter an den Entscheidungsgremie vun de Betriber, ob se elo wëschenswäert ass oder net, op kee Fall duerch Quoten oder Gesetzter däreer erzwonge ginn, ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | ... well dat géint de Geescht vun der fräier Wirtschaft a géint d'Autonomie vun de Patrone wär. Dat ass dat selwecht, wéi wann de Staat sech wéilt amëschen an d'Haushaltsféierung vu Koppelen. Dat geet de Staat oder d'Allgemengheet näischt un!

Et gëtt zu Lëtzebuerg vill kleng a mëttelstännesch Betriber, wou esou eng Egalité einfach net méiglech ass. Och an de Familljebetriber gëtt et där. Natierlech sollt et esou sinn, datt an all Betrib déi kompetentst Leit d'Soen hunn, onofhängeg vun hirem Geschlecht.

Mir si souwisou hei zu Lëtzebuerg och a Saache Gläichstellung vu Mann a Fra méi wäit wéi déi meeschte Länner op der Welt. Vu systemateschen Ongerechtegkeete géintwuer Fraen an eise Betriber kann een allgemeng net schwätzen, wann et och eenzel Ausname sollt ginn.

Vläicht sinn och d'Frae vun Natur aus, méi einfach gesinn, net interesséiert u féierende Posten. Och dat muss een emol eng Kéier analyséieren.

*(Brouhaha et protestations)*

**Plusieurs voix** | Oo!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Et gëtt dacks argumentéiert, datt et de Frae schwéier gemaach géif ginn, ...

*(Brouhaha générale)*

... sech a kllassesche Männerberuffer ze behaupten.

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

Mat gläichem Recht kéint een och soen, et géif de Männer schwéier gemaach ginn, sech a kllassesche Fraeberuffer ze behaupten.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Wann Dir esou weidermaacht, da muss ech mech fir eis gro Männer hei schummen! Ech kréie gro Hoer!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Datt et fir Fraen ënner Ëmstänn méi schwierig ka sinn, eng Féierungspositioun ze kréien, läit dacks dorun, awer net ëmmer, datt Männer manner Aarbechtsënnerbriechungen an hirem Curriculum hu wéi d'Fraen, well Frae méi dacks schwanken tëschent Karriär a Famill. Datt vill Frae sech fir d'Famill a fir hir Kanner entscheeden, féiert eeben zu Ënnerbriechungen, wann een dat esou däreer soen, an hirer Karriär. Mee dat ass eng fräi Entscheidung vun der Fra, déi mir ze respektéieren hunn.

*(Brouhaha, protestations et hilarité)*

**Plusieurs voix** | Oo!

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Wat ee Problem bleift – a mir als ADR hu säit Joerzénge Léisungsvirschléi an deem Kontext proposéiert –, ass d'Kannerbetreierung. Leider ass et hei am Land nach ëmmer esou, datt béid Partner mussen schaffen goen, fir d'Liewenserhaltungskäschtchen ze garantéieren am Haus. An dozou gehéiert och d'Nozillen, d'Zillen, pardon, vum Nowuess.

*(Interruption et hilarité)*

D'Gesetzgebung hei am Land zwéngt d'Fraen oder och vereenzelt Männer, jee nodeem wéi de Stot sech organiséiert, quasi derzou, fir schaffen ze goen an hir Kanner a Crècheën ënnerzebréngen, wat op laang Siicht weeder gutt fir d'Kanner nach fir d'Fraen ass. Leider hu mer zu Lëtzebuerg keng familljefrëndlech Kultur, wat een an de Betriber mierkt, déi de Fraen a Saache Kombinatioun vu Beruff a Famill, muss een hei feststellen, kaum entgéintkommen.

Och d'Uni Lëtzebuerg huet keng Crèche. Wann ee bei der Direktioun nofreet, kritt ee gesot, d'Lëtzebuerger Gesetzgebung géif hei keng Léisung ubidden, speziell no deem Virfall vun deem kleng Këndchen, wat gestuerwen ass viru ronn zéng Joer, wéi e Schaf op et gefall ass.

Et muss ee sech froen, wéini dee Problem hei eng Kéier ugepaakt gëtt.

*(Brouhaha)*

D'Méiglechkeet, am Homeoffice ze schaffen, muss weider gefërdert ginn, well dat et ville Fraen erlaabt, ze schaffen a sech gläichzäiteg ëm hir Kanner ze këmmen.

Staatlech Virgabe wéi eng Fraequot an den Entscheidungsetagë vu Betriber leene mer of. An deene meeschte Branchë géif esou eng Quot och näischt änneren an déi bestoend Problemer bléife bestoen.

Mir mussen och einfach akzeptéieren, datt et biologesch bedéngt Ënnerscheeder am Verhale vu Mann a Fra gëtt, déi letztendlech derzou féieren, datt et keng komplett Gläichheet an den Entscheidungsprozesser gëtt.

En zweete Punkt vum haitegen Debat bezitt sech op d'Ségrégation des hommes et des femmes dans l'éducation et dans les métiers.

Et ass ganz kloer, datt et an eiser Gesellschaft speziell Erwaardunge souwuel u Männer wéi och u Frae gëtt. Dat ass awer vu Famill zu Famill verschidden. Et gëtt sécherlech Familien, wou d'Meedercher, déi en technesche Beruff ergräife wëllen, gesot kréien, Mecanicien – fir dat Beispill elo ze huelen, well ech dat jo selwer geléiert hunn – wär eigentlech e Männerberuff, a vläicht ginn et eenzel Meedercher, déi dann dës Beruffswonsch opginn, wat awer schued ass. Ma dat selwecht kéint een och vu Jonge soen, wann déi wëlle méi en typesche Meederchersberuff oder Fraeberuff ausüben, an doduerjer kënn et dann am Fong geholl hei zu Aschränkungen.

Wat den drëtte Punkt ugeet, „les inégalités femmes-hommes dans la répartition du temps“, sou ass et falsch ze behaupten, d'Männer géifen et hire Partnerinnen iwwerloossen ze botzen, ze wäschen oder akafen ze goen. International Studie weise ganz kloer no, datt déi westlech Gesellschafte sech an de leschten 10, 15 Joer ganz staark an déi aner Richtung gedréit hunn an d'Kooperatioun tëscht de Geschlechter do ass. An dat Argument, mir géifen an engem Patriarchat liewen, ass net ze validéieren.

De véierte Punkt dréit sech ëm den Impakt vun der Pandemie op d'Geschlechter zu Lëtzebuerg. Hei wëll ech ënnersträichen, wat och kierzlech – oder gëschter,



besser gesot – an der Konferenz zum gläichen Thema am LISER zu Esch ugeklungen ass: Gesondheetlech gesi ware Männer weltwäit vill méi staark vun dësem Virus betraff wéi d'Fraen, souwuel wat déi schwéier Krankheetsverleef ubelaangt wéi och d'Zuel vun den Doudegen. An der Alterskategorie iwwer 50 Joer mécht den Ennerschied bal dat Duebelt aus, ob dat elo biologesch Ursaachen huet oder en erhéicht Risikoverhale vun de Männer, dat ass ongewëss.

Am Lockdown ass et leider Gottes zu méi haislecher Gewalt komm ...

*(Interruption par la présidence)*

... wéi virun der Pandemie. Dat ass leider ee Fakt.

*(Interruption par la présidence)*

Et huet awer och déi zwee Geschlechter betraff. Ganz kloer ass och, datt d'Frae sech méi ëm hir Kanner hu musse këmmen wéi virun der Pandemie, well d'Crèche zou waren. Datt d'Fraen doduerch awer dem Virus méi exposéiert gewiescht solle si wéi Männer, ass net ze beweisen.

An da wëll ech dann zum Schluss nach ausdrécklech all déi vill Infirmière wierdegen, déi ënner onméigleche Konditiounen hiert Bescht gemaach hunn, fir an der Covidkris eis krank Mënschen ze fleegen, ouni awer och déi männlech Infirmieren ze vergiessen, déi ëmmerhin ronn 30 Prozent ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Engelen, Dir musst awer esou lues zum Schluss kommen!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | A! Jo, ech gouf awer e puer mol ënnerbrach an da géif ech dann ...

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Nee, awer net esou laang, wéi Dir schonn iwwerzunn hutt.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dir gesitt, de Sall wëllt méi.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, dëst Joer um 8. März, dem „Internationale Fraendag“, denke mir un all déi Fraen, déi sech am Krich oder an engem Krichsgebitt befannen, all déi Fraen, déi sech do a Liewensgefor befannen, all déi Fraen, déi Affer vu Vergewaltigungen als Krichswaff sinn, all déi Fraen, déi Zilscheif vu Militär- a Policegewalt sinn a patriarchaleschen, autoritaristeschen an diktatorale Regimenter ronderëm dës Welt.

Dës Heur d'actualité soll dann awer och genotzt ginn, fir de Fokus op d'Ennerdrückung vun der Fra bei eis am Land ze setzen. Zu Lëtzebuerg ass de Kampf fir eng effektiv Gläichberechtigung tëschent Fraen a Männer nach laang net gewonnen.

Hei zu Lëtzebuerg, am Häerz vun Europa, sinn déi uren Genderrollenopdeelingen nach ëmmer an de Käpp an an den Institutionen verankert. Mir liesen nach ëmmer patriarchaleschen Aussoen an eise Gesetze. Mir gesinn nach ëmmer hallef plakeg Fraen als Sexobjekt, fir iergend esou e belanglose Produit ze bewerben op Affichen, Plakater oder Zeitungscoveren.

Et gëtt nach ëmmer Politiker/innen, déi mengen, si wëllte keng egalitär Gesellschaft, wéi zum Beispill d'ADR-Fraen an awer och -männer.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Et gëtt nach ëmmer Männer, déi Frae schloen, vergewaltigen oder carrement ëmbréngen, well et eng Fra ass. Et gëtt nach ëmmer Fraen, déi méi Zäit an d'Aarbecht

am Stot investéiere wéi Männer, obwuel se nach e bezuelten Job dobäi hunn.

Wie vun eise Politikerinnen heibannen, huet haut nach näischt am Stot geschafft? Wie vun eise Politiker heibannen, huet dann haut schonn am Stot gehollef?

*(Brouhaha et hilarité)*

Et sinn och nach ëmmer d'Fraen, déi méi oft Hallefzäit schaffe wéi Männer, eebe grad fir d'Famill an de Beruff ënner een Hutt ze kréien. An et sinn dobäi och hei zu Lëtzebuerg d'Fraen, déi 44 % manner Pensioun hu wéi Männer.

Här President, wien ass zu Lëtzebuerg am meeschte vun Aarmut betraff? Elengerzéiend Fraen. Wien ass am meeschten den Handlanger vun eise Wirtschaftssystem? Fraen aus der Immigratioun. Wie verdéngt hei am Land am mannsten? Fraen aus dem Botzsektor. Wie kritt keng Unerkennung fir systemrelevant Aarbechten? Fraen, déi do am meeschte vertruete sinn. Wien huet déi mannste Chance op eng anstänneg Wunneng um private Marché? Frae mat Kanner, déi de Mindestloun verdéngen an eng schwaarz Hautfaarf hunn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Wien ass méi oft Affer vu sexueller an haislecher Gewalt? Fraen, tout court.

Här President, gëschter war eng immens interessant Konferenz mat Table ronde vum „Mega“ an dem LISER iwwert „Égalité ou inégalité entre les femmes et les hommes au cœur de la pandémie?“ am Luxembourg Lifelong Learning Centre um Belval.

Dës Etüd, déi de „Mega“ an Optrag ginn huet, hätt scho vill éischter misse verëffentlecht ginn. Vläch hätt een dann éischter déi passend Mesurë kënnen huelen, fir de Konsequenz vun der Pandemie op d'Ongläichheeten tëscht Fraen a Männer an der haislecher Gewalt méi schnell entgéintzewierken.

Et ass net verwonnerlech, datt bei dëser Etüd erauskomm ass, datt d'Frae während der Pandemie méi betraff ware wéi d'Männer. Et ass ganz kloer, datt a Krisensituatiounen an -zäiten de Fokus, dee schonn net am Gläichgewicht ass, och nach verstärkt gëtt. Et géllt also elo, wou mer lues a lues erëm aus dëser Kris erauskommen, fir sech dofir anzusetzen, datt mer net nees an eng Situatioun zrëckkommen oder rutschen, wou d'Frae verstärkt d'Carearbecht musse stemmen, ee Stéchwuert: Crèche bei Police, Uni, Chamber – net do!

Här President, nëmmen zesummen a mat engem staarke Staat kënnen mir eng resilient Gesellschaft ervirbréngen. Méi Staat heescht méi Ennerstëtzung fir Fraen. Et gëtt déi riets an déi lénks Hand beim Staat. Déi riets Hand ass déi männlech geprägten, dat sinn d'Wirtschaft an d'Finanzen, déi alles dominéieren. Déi lénk Hand ass déi weiblech, déi vun der Carepolitik, dem Sozialwiesem, der Schoul, der ëffentlecher Gesellschaft. Dat ass déi, déi d'Gesellschaft dréit. Wann eis Regierung déi riets Hand vun Staat iwwert déi lénk hält an eis ëffentlech Servicer opbaut, wat se grad am Gangen ass ze maachen, am Gesondheitssektor natamment, mee och a villen anere Secteuren, wou et enorm wichteg wier, wa se an der ëffentlecher Hand wieren, da leiden net nëmmen Fraen an éischter Linn dorënner, mee d'Gesellschaft als e Ganzt.

Här President, haut ass Fraestreik. Haut sollt all Fra fräigestallt sinn, fir kënnen mat an dee Streik ze goen. Mir als Fraendeputéierten – et handelt sech ëmmerhin ëm en Drëttel heibannen – hu Responsabilitéiten, déi eis drun hënneren, haut um Streik deelzehuelen, ausser mir wieren Deel vun enger grousser Regie-

rungspartei wéi d'Kolleegeinne vun der LSAP, déi dësen Debat ugefrot hunn, wat ganz gutt ass, an déi sech arrangéiert hunn, fir eng Delegatioun kënnen op d'Manifestatioun ze schécken. Mir fannen, wa mer scho Symbolpolitik maachen op esou engem Dag wéi haut mat enger Heur d'actualité, déi och iwwert den 8. März eraus seng Wichtigkeet soll hunn, da solle mir dat weinstens heibannen all zesumme solidaresch maachen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Dan Biancalana fir déi wichteg Heur d'actualité, obwuel mir als Piraten et e bësse schued fannen, dass et just nach eng Heur d'actualité herno war an net eng Interpellatioun. Ech weess, Dir kënnt net derfir, datt ass an der Présidence esou entscheet ginn. Mir hätten et gutt fonnt – dat Thema ass esou wichteg –, dass méi Riedezäit fir allegueren déi eenzel komm wär wéi nëmmen fënnf Minutten.

Villes ass jo och scho gesot ginn. Dofir ginn ech op déi eenzel Theemen an, déi eis besonnesch wichteg sinn. An ech wëll awer och net direkt mat enger Kritik ufänken, mee der Ministesch, der Madamm Bofferdin, awer och kloer soen, dass an de leschte Jore villes verbessert ginn ass, also een och déi eenzel Etappe luewe soll, déi geschitt sinn.

Jo, et ass d'Coronakris dertëscht komm. De Rapport huet ganz kloer gewisen, dass besonnesch Fraen dorënner leiden an et ass och elo, wou een do muss ganz kloer reagéieren a géigesteieren, mee awer och virausdenken, fir wann nach eng Kéier Situatiounen antrieden, dass mer direkt déi néideg Instrumenter hunn, dass et net erëm d'Frae sinn, déi am meeschten drënner leiden.

Wat mer och oft begéint ass – an do sinn ech dann awer e bëssen enttäuscht –, dass erëm méi Jonker, wann een am Lycée, e bëssen iwwert de Lycéesalter, mat de Leit schwätzt, dass déi e bësse méi an d'Stereotypen erëm erafalen.

Meng Generatioun, déi war éischter e bësse méi oppen, wat d'Stereotypen ugeet. Elo fält iergendwéi déi Generatioun, déi elo nokënnt, awer erëm an déi Stereotypen eran, wat mech ëmmer erëm iwwerrascht, wann een d'Gespräch mat deene méi Jonke féiert. Ech wëll net soen, dass dat der ganz vill sinn, mee et sinn awer scho méi Kommentaren, déi an déi Richtung ginn, wéi virdu. An dofir ass et och eis Fuerderung, dass d'Chancëgläichheetesministesch och do nach e bëssen usetzt, grad bei deene méi jonke Leit, déi elo frësch an d'Liewe wäerte starten, dass se net do schonn an der éischter Partnerschaft – d'Partnerschafte fänken natierlech och méi fréi un –, mee dass se an der éischter Partnerschaft scho mat deene Stereotypen direkt opiraumen an dass déi net méi bestoe bleiwen.

E ganz grouse Problem – an do sinn eeben nun emol ganz vill Frae betraff, dofir wollt ech dat och uschwätzen – sinn déi Elengerzéiend. Do sinn et oft d'Mammen, déi d'Responsabilitéit droen an och déi finanziell Responsabilitéit. Do fanne mer et wierklech schued, dass déi versprache Steuerreform leider net komm ass, well do ganz vill Frae sinn, deenen ee kéint hei am Land ganz schnell hëllefen, déi elengerzéiend sinn a wou wierklech um Enn vum Mount net genuch Geld do ass an dat net, well se net genuch verdéngen, mee



einfach, well se vill méi Steiere bezuelen an deementsprechend déi Steuerreform ganz batter néideg gewiescht wär an déi net op déi nächst Legislaturperiod kann einfach emol esou verträischt ginn.

Wat mer och opgefall ass, a ganz vill Fraen am héijen Alter eis schreiwen, sinn déi ganz kleng Pensiounen. Do erschreckt een heiansdo, wann d'Leit eis erschécken, wat si nach als Pensioun kréien, d'Fraen, dat ass, sief et dass de Mann gestuerwen ass oder wat si schaffe gaange sinn an de fréiere Joren, wat déi iwwerhaupt als Pensioun kréien. Also dat ass wierklech heiansdo den Horror, wann een do déi Dokumenter zougespillt kritt. Ech muss och soen, fir mech war et och iwwerraschend, well dee Problem hunn ech am Ufank, wéi mer an der Chamber hei ugefaangen hunn, net esou kannt a wat méi Leit eis kontaktéiert hunn, wat awer eigentlech dat Dëppe vun deene Leit, déi betraff sinn, vu Leit, déi an der Pensioun, virun allem Fraen an der Pensioun, dass déi eng Aarmut ... jo, ënner Aarmut eigentlech scho leiden. An dat ass eigentlech e Punkt, deen eis Piraten wichteg ass, dass mer net nëmmen elo bei deene ganz Jonken usetzen, mee och vläicht kucken, wéi mer deene Leit kënnen hëllefen, déi elo an der Situatioun sinn, déi hire Liewensowend verbréngen mat enger ganz klenger Pensioun, fir no deene Leit ze kucken. Well dat ass en ale System, dee verbockt war, firwat dass déi elo eng kleng Pensioun hunn. An dat ass fir eis och eng politesch Responsabilitéit, déi ee muss hunn, fir elo kënnen do eraus ze kommen.

An dann en Thema, wat ech bei der Ministesch ganz oft schon, sief et a Question-parlementairen oder Kommissionen ugeschwat hunn a wat mir och um Härz läit. Ech weess, et ass heiansdo esou e bëssen en Tabubroch, wann een dat iwwerhaupt grouss uschwätzt, mee dat sinn d'Reliounen.

Ech kann einfach net averstane sinn, wéi d'Reliounen – jo, och d'kathoulesch Kierch – d'Frae behandeln. Ech mengen, ech hunn der Ministesch jo scho sëllege Question-parlementaire gestallt, grad och iwwert d'Initiativ Maria 2.0. Dat ass, fir kuerz ze erklären, dass d'Fraen och einfach emol solle genau déi selwecht Beruffer ausüben kënnen an enger Relioun wéi d'Männer. Well mir liewen haut an enger Gesellschaft, wou einfach emol gesot gëtt: „Eng Fra kann net Paschtouer ginn!“ Dat ass awer eigentlech am Moment nach en Tabu, fir dat iwwerhaupt ze änneren oder ze thematiséieren.

Dofir wëll ech dat och nach eng Kéier hei ervirbréngen. Et ka jo net sinn, dass mir de jonke Leit wëllen e Gesellschaftsbild virlieden, dann awer akzeptéieren, dass an de Reliounen einfach emol gesot gëtt: „Well s du eng Fra bass, kanns du deen an deen Job net maachen!“ Dat ass fir eis Piraten komplett onverständlech. Dat misst eigentlech och direkt iwwert den Aarbechtsschutz, iwwert d'Aarbechtsgesetz verännert ginn an net einfach gesot ginn: Dat ass Reliounsfräiheet. Well fir eis ass et keng Reliounsfräiheet, wann ee Frae benodelegt. Dat ass fir eis net an der Rei.

D'Bild vun de Mënscherechter, virun allem d'Fraerechter, ass awer och eppes, wat mer an eiser Aussepolitik musse vill méi no vir bréngen. Wa mir op eng Dubai-Expo ginn, kann et awer net sinn, dass mer do einfach emol de Mond halen an net iwwert d'Fraerechter sur place schwätzen. Dat ass och eng Kritik, déi mer ... ech hu virdro jo vill Luef un d'Regierung ubruecht, mee dat ass eng vun de Kriticken, dass een, wann een d'Aussepolitik mécht a wann ee mat ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... ganz vill Geld an esou Länner geet, dass een och dat uschwätzt, wéi

d'Fraen doënn behandelt ginn, dass d'Fraen do keng Rechter hunn an dass een dat ganz kloer op deenen eenzele Punkten thematiséiert.

Et bleift nach vill ze maachen an de Fraestreik ass haut wierklech och néideg, fir eng Kéier dat Thema ... Et gesäit een: Mir hunn haut och eng Heure d'actualité, och wann d'Riedezäiten e bëssen ze kuerz sinn, zu deem Punkt. An et géif der Chamber gutt stoen, och e bësse méi oft – net nëmme wa Fraestreik ass oder Weltfraendag – driwwer ze schwätzen an driwwer nozedenken, fir déi konkreet Verbesserung schnell ëmzesetzen, well et sinn nach Benodeelegungen do an déi muss een och benennen.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Ministesch fir d'Gläichstellung vu Fra a Mann, d'Madamm Taina Bofferding.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | Här President, Kolleginnen a Kollegeen, fir d'éischt wëll ech emol dem Deputéierten Dan Biancalana Merci soe fir d'Initiativ an och alleguerten, bal alleguerten de Riedner, fir déi inhaltlech gutt Diskussioun, ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Alleguerten ...

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | ... déi gewisen huet, einfach och wéi villschichteg d'Égalitéit am Endeffekt ass. Ech fannen, et ass e ganz gutt Zeechen, dass mer grad haut um internationalen Dag fir d'Fraerechter hei déi Diskussioun an der Chamber hunn. Effektiv, et ass e bësse kuerz an dofir fannen ech ganz interessant, dass d'sozialistesche Fraktioun nach eng Kéier wëllt eng Interpellatioun ufroen. A wann ech hei kéint de Vorschlag maachen: Mir musse jo souwisou elo den Aktionsplang evaluéieren, an ech hat jo och gesot, dass ech do gär wëll d'Chamber mat abannen. An ech géif proposéieren, dass mer dat vläicht géifen am Hierscht maachen, well da mengen ech, hätte mer och e flott Diskussiounstheema. Virun allem interesséiert mech jo och eeben, wat do Är Remarken an Äre Retour dozou sinn.

E staarkt Zeechen, an dat wëll ech awer och soen, fannen ech et, dass e puer Riedner, e puer Politiker sech haut emol zu Wuert gemellt hunn. Och dat fannen ech gutt, dass d'Männer sech fir d'Égalitéit staark maachen.

Lëtzebuerg – an dat ass och schon e puermol gesot ginn – huet am europäesche Verglach an deene leschten zéng Joer grouss Fortschréttler gemaach. Mir si souguer dat Land, wat déi meeschte Fortschréttler gemaach huet, a mir schaffen elo weider, fir nach méi Fortschréttler ze maachen.

Progrès goufen esou zum Beispill gemaach an der Loungerechtkeet. Mir hunn do effektiv den niddregsten Taux a ganz Europa. Mir sinn net bei null. Dat ass richtig. Do ass nach e bësse Sputt no uewen. Mee trotzdem erlaabt eis dat awer, eis op aner Theemen am Aarbechtssfeld ze konzentréieren an do sinn der jo eng ganz Rëtsch vun Iech elo schon ugeschwat ginn, wéi zum Beispill d'Berufsorientéierung an och d'Veerdeelung vun de Geschlechter an de jeeeweilige Berufsbranchen.

Dat ass ee Punkt, deen haaptsächlech de Vertrieeder vun der CSV jo ugefuert huet a wou ech Iech och absolutt Recht ginn, dass mer nach solle bei deene sougenannte MINT-Beruffer méi jonk Meedercher fir

d'Fuerschung, fir d'Wëssenschaft begeeschteren. Do war jo och kierzlech deen internationalen Dag fir d'Meedercher an d'Fraen an der Wëssenschaft. An hei hu mer eng Campagne lancéiert mat ganz villen Acteuren aus deem Milieu zesummen, eebe grad fir deene Jonken d'Wëssenschaft méi no ze bréngen, a wou mer eeben och ganz besonnesch d'Fuerscherinne mol an de Fokus stellen, fir dass ee gesäit, dass et och Frae sinn, déi hir Meritten an der Wëssenschaft hunn.

En anere Punkt, deen Der ugeschwat hat, dat war dann eeben och, méi Jonge fir déi sozial Beruffer ze begeeschteren. Ma net méi spéit wéi d'lescht Woch hu mer déi Initiativ „Social Boys“ lancéiert. Do riichte mer eis dann dës Kéier un d'Jongen, dass déi sollen an d'Maison-relaisen, an d'Crèche eragoen, fir dass se kënnen emol en Abléck kréien, wat iwwerhaupt en Educateur schafft, an eeben och mam Hannergedanken, dass se sech fir dee Beruff do interesséieren a mir hoffen och, dass mer do méi Diversitéit an deem Beräich hikiréien.

Ech bleiwen nach kuerz beim Emploi. Do gouf jo och ganz konkreet d'Fro u mech gestallt, wéi et mat der Direktiv „Women on Boards“ weidergeet. Dat ass jo eng Direktiv, déi laang blockéiert gouf vun Däitschland. An elo mat der neier Regierung hu si se awer fräiginn an dat fannen ech ganz positiv an dat hunn ech och schon op mengen EU-Meetinge gesot. Déi franséisch Presidence huet se elo op d'Agenda gesat an esou hoffen ech, dass mer och geschwënn wäerten en Accord général kréien.

Bon, et muss ee wëssen, an dat hunn ech och scho vu Patronatssäit ze héiere kritt, dass et fir eist Land warscheinlech e minimalen Impakt hätt. Mee näischt verhënnert jo, dass e Land an enger EU-Direktiv méi wäit geet. An ech hoffen, dass mer och hei e Konsens fannen, dass mer dann endlech wëllen net nëmmen déi Diskussioun ugoen, mee och dofir wëlle suergen, dass mer méi Fraen an de Verwaltungsreit an an de Prises de décision am Privatsektor kréien.

Ee Wuert vläicht nach, well ech elo grad d'Verwaltungsreit erwänt hunn, an do wëll ech op déi Ausso vum Deputéierten vun der ADR agoen.

*(Interruption par M. Fernand Kartheiser)*

Dir sot, an ech hu mir dat hei opgeschriwwen: biologesch Ënnerscheeder am Verhalen a mir Frae wäer méi einfach Geeschter, wat dozou féiert, dass mer net a Féierungspositiounen kéimen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dat huet en net gesot, dat ass falsch. Dir hutt e falsch zitéiert. Dir hutt e falsch zitéiert.

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | Ma da sot mer, wéi Der et genau gemengt hutt!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ma nee, et ass falsch zitéiert. Do brauche mer net ze diskutéieren.

*(Brouhaha)*

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | Dir wollt eis jo awer elo ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, wann Der eppes behaupt, da probéiert eeben dann ze soen, wéi den Här Engelen sech ausgedréckt huet.

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | Dir wollt eis net soen, dass d'biologesch Differenz de Grond ass, firwat keng Fraen an de Verwaltungsreit sëtzen?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Den Här Engelen, den Här Engelen ...



**Une voix** | Den Här Kartheiser ass de Porte-parole vum Här Engelen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Den Här Engelen huet wëllen zum Ausdrock ginn, datt et de Frae selbstverständlech fräigestallt ass, wa se interesséiert sinn, sech fir Plazen an engem Verwaltungsrot ze mellen ...

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | Jo.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... an datt et hinnen och fräigestallt ass, sech net dofir ze interesséieren a sech net dofir ze mellen. Dat ass eigentlech d'Ausso. Mir denken net statistesch, mir denken net a Quoten, mir denken a Respekt virum Mënsch. An deejeinegen, dee sech interesséiert fillt, ka sech jo mellen an deen aneren net, dat heescht: ouni Quoten, ouni ...

**Une voix** | Den Här Engelen ka seng Ried dach elo zitieren. Wat soll dat do?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... d'Patronat fräi an der Decisioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, wann e Fait personnel invoquéiert gëtt, dann hätt Der am Fong geholl besser, Dir géift déi Persoun, dee Riedner, géint deen de Fait personnel invoquéiert gëtt, zu Wuert komme loossen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dir hutt Recht, Här President, entschëllegt, mee et ass mech ... et war einfach ... ech war e bësse rose ginn, well d'Madamm Minister den Här Engelen net korrekt zitëiert hat. Dir hutt natierlech Recht.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, ech hunn Iech schonn e puermol gesot: Dir sollt net rose ginn.

**Une voix** | Da kann den Här Engelen jo rose ginn an net den Här Kartheiser.

**Une autre voix** | Dir sidd dem Här Engelen säin Tuteur.

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | Och wann den Här Kartheiser elo probéiert, dat anescht ze erklären, mengen ech, gi mer eis op deem Punkt definitiv net eens, well et sinn net d'biologesch Ënnerscheeder, déi determinéieren, dass manner Fraen a Féierungspositiounen sinn. Well wa mer eleng kucken op den Unien, wéi vill Fraen d'Unie verloossen, wéi vill Frae sech och soss a Formatiounen ausbilde loossen, wéi vill Fraen och gewëllt sinn ... – Dir braucht nëmmen de Projet Female Board Pool ze kucken, wou iwwer 600 Fraen hei am Land sech bereet erklären, fir an e Verwaltungsrot ze goen –, mengen ech net, dass Der kënn behaapten, dass dat eise Fraen net esou an der Natur géif leien.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | Iwwerhaupt déi Natur! Dat ass Är Natur, dat ass definitiv net meng! Mee, wéi gesot, herno ass Streik. Vläch wär et emol net schlecht, eng Kéier e Bléck dohinner ze geheien a matzegoen. Da kënn Der emol kucke goen an do gitt Der och nach munches gewuer.

**Une voix** | Streikt Dir roueg!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | Sexismus war e Punkt, deen och nach genannt gouf. E puermol ass déi intern Etüd vum OGB-L zitëiert ginn. Si ware bei mer, hu mer déi och presentéiert. An ech muss soen, dat ass scho ganz frappant, wann ee gesäit, wéi vill Fraen do

schon Harcèlement sexuel erlieft hunn, wéi vill Frae sech schonn an esou Situatiounen erëmfonnt hunn. An hinnen hunn ech och gesot, dass se onbedéngt elo solle mam Aarbechtsminister zusemmekommen, dass mer dat do musse weider gemeinsam diskutéieren a virun allem och kucken, wéi een hei nach méi geziilt ka virgoen.

Ech denken, dass een do vläch déi Délégués à l'égalité nach méi kann abannen, zesumme mat der Chambre des Salariés, awer och mam Patronat. Ech mengen och, dass een hei als Sozialpartner soll kucken, wéi mer virukommen. A wichteg ass och, dass mer Sexismus insgesamt nach méi thematiséieren. An do hu mer och elo wëlles, am Ministère eng Campagne ze lancéieren, fir einfach emol opzeklären, wat Sexismus ass, wat dee Sexismus ass, deen een am Alldag trefft.

Ech mierken ëmmer erëm mat Jonken, mat jonke Meedercher, awer och Jongen, déi mer ziele vun hiren Erfarungen, dass se net domadder averstane sinn a virun allem, dass et fir si schwéier ass, sech och emol dergéint ze wieren. An ech mengen, et ass genau do, wou mer als Politik mussen usetzen. Dat ass eng Campagne vum Conseil de l'Europe, déi mer opgräfen an déi mer och gäre wölten, wéi gesot, hei am Land lancéieren, fir eeben esou mol d'Diskussioun an der Effentlechkeet ze kréien an dann och ganz kloer ze weisen, wou d'Grenze sinn a virun allem och ze weisen, wéi ee sech heigéint ka wieren a wou een och Hëllef kritt, wann een esou enger Saach, esou Problemer ausgesat gëtt.

Grondsätzlech gëllt, wa mer wëlle virukommen, dass mer Problemer souzesoe bei der Wuerzel upaken, an domadder mengen ech Stereotypen. An do sinn ech och ganz frou, dass praktesch jidderee vun de Riedner an de Riednerinnen dës erwänt huet, well de Problem mat de Stereotypen, Klischeen a Prejugéen ass, dass se oft net fair sinn. Si féieren zu ongerechte Beurteilungen a virun allem schränke se an. An et geet schonn – an ech mengen, dat huet och de Vertrieeder vun de Piraten gesot – bei deene Jonken un. Dofir ass et wichteg, dass mer eeben och bei deene Jonken altersgerecht usetzen.

Déi schlecht Noriicht ass, dass d'Stereotypen an d'Rollebiller ganz staark an eiser Gesellschaft verankert sinn. Déi gutt Noriicht ass awer, dass si verännerbar sinn an dat weist eleng d'Tatsaach, dass jo bis Ufank 20. Joerhonnert d'rosa d'Faarf als Jongefaarf gegollet huet. An do gesäit een, wéi dat eebe gewieselt huet. An ech mengen, dat léisst hoffen, dass mer och d'Stereotype kënne veränneren.

Wéi wëlle mer se veränneren? Wéi wëlle mer do konkret virgoen? Am Egalitéitsministère gi mer souwuel theoreetesch an d'Thematik erun – do hu mer jo déi Zesummenaarbechte mat der Uni Lëtzebuerg, awer och mam LISER, fir elo just déi ze nennen –, mir ginn awer och praktesch un d'Thema erun. Dat heescht, mir gi ganz konkret op den Terrain, sief dat elo an d'Betribler iwwer eise Programm vun Actions positives, mir ginn awer och ëmmer méi verstärkt an d'Gemengen. Do sinn ech och frou, dass deen een oder anere vun Iech hei, deen och an der Gemeng aktiv ass, jo och schonn eng Zesummenaarbecht mam „Mega“ huet. A wéi gesot, mir ginn och ganz vill op Plazen, wou Jonker, wou Jugendlecher sinn, fir esou am direkte Kontakt mat hinnen ze sinn.

A wa mer dann deen direkte Kontakt mat hinnen hunn, maache mer dat iwwer Ateliers, Aktivitéiten, déi mer mat hinnen zesummen ugin. Mir hunn do eng ganz Panoplie un Instrumenter, u Material entwéckelt, fir si eeben esou spilleresch, altersgerecht op d'Thema opmierksam ze maachen, sief dat elo bei deene ganz

Klengen iwwer Pixi-Bicher, sief dat awer och bei deene Jugendlechen, wou mer Broschüren ausgeschafft hu mat deene Jugendlechen zesummen: och hei erëm d'Thema Sexismus, Stereotypen, wou si eeben aus hirem Alldag berichten, wat mer opgegraff hunn, fir si eeben esou kënne doriwwer ze informéieren.

Et gëtt nach vill méi Projeten dozou. Ween et interesséiert, deem géif ech einfach recommandéieren, op de Site rockmega.lu kucken ze goen. Do gesäit een dat ganz Material, wat souwuel dem Léierpersonal an de Schoulen zur Verfügung steet, wéi och an de Maison-relais an och den Elteren, déi interesséiert sinn, un deenen Ateliers deelzehuelen, oder soss jidderengem, dee sech einfach emol eng Kéier mam Thema wëllt auserneesetzen, well schuede kann et ni, egal wéi al een ass.

D'Erausforderungen hautdesdaags, wéi gesot: Do sinn der elo schonn eng Retsch opgezielt ginn. Ech wëll just vläch nach eng Erfahrung, déi ech d'lescht Woch hat, mat erabrëngen, wéi ech nämlech déi nei Buergermeeschtesch vu Bartreng assermentéiert hunn. Si ass déi 14. Buergermeeschtesch hei am Land. Just als klunge Reminder: Mir hunn 102 Gemengen! Jo, a genau dat ass d'Reaktioun. Domadder solle mer eis eebe grad net zefridde ginn, net, well et elo eleng eng Fro vun der Gerechtegkeet ass, mee och vun der Diversitéit, vun der Duerstellung vun deene verschiddene Liwensrealitéiten. An et ass nun emol esou, dass d'Fraen aner Erfarungen maachen, dass den Alldag vun de Fraen anescht ass. An et ass och wichteg, dass d'est e Retour an der Politik huet.

A grad elo bei de Walen, déi ustinn – déi si jo och schonn ugeschwat ginn –, ass et wichteg, dass mer Männer a Fraen uschwätzen, well mer grad esou eise Reservoir u potenzielle Kandidaten duebel esou grouss kënne maachen. Dat selwecht zielt och fir d'Fuerschung a fir d'Ekonomie, grad fir d'Ekonomie, wou mer jo wëllen innovativ a kompetitiv sinn. Ech wëll hei just drop hiweisen oder ech kann et elo einfach mat de Wieder vun enger Etüd vu McKinsey ausdrécken, déi jo elo net wierkelech dofir bekannt sinn, eng extreem sozial Oder ze hunn, mee si hunn et awer ganz gutt formuléiert, wéi se gesot hunn: „Wa Fraen, also d'Hallschent vun der Populatioun, hiert Potenzial net verwierkleche kënnen, da leit déi ganz Ekonomie drënner.“

A genau esou ass et! Wa mer nëmmen d'Hallschent vun eiser Bevëlkerung, nëmmen d'Hallschent vun eisen Iddien, vun eise Potenzial, vun eise Kompetenzen asetzen, da geet dat einfach net duer. Mir müssen einfach kucken, dass mer méi d'Fraen an deene verschiddene Beräicher kënne weider promovéieren an do ënnerstëtzen.

Wa mer vun den Erausforderungen schwätzen, dann hëlleft eis sécher hei och d'LISER-Etüd. Déi ass jo och scho vun e puer vun Iech ugeschwat ginn, dofir brauch ech net méi op déi eenzel Aspekter anzegoen. Hei war d'Fro vun der Deputéiert vun déi Lénk, firwat mer se net éischer presentéiert hunn. Mir hu se d'lescht Joer am Januar an Optrag ginn. Déi ass elo just eréischt realiséiert ginn, respektiv finaliséiert ginn a mir hu se awer emol schonn direkt presentéiert. Wichteg ass awer, dass et net bei der Etüd bleift, mee dass mer eeben elo kucken, wéi eng Lektione mer elo doraus zéien a wéi mer domadder weiterfueren.

D'haislech Gewalt ass och e puermol ernimmt ginn. D'est ass elo net Bestanddeel vun där LISER-Etüd, well mer dat à part maachen. Do gëtt jo souwisou all Joer de Rapport presentéiert. Dat maache mer jo och ëmmer hei an der Chamber. Deen nächste steet elo fir d'Fréijoer un. An natierlech steet deen och erëm



am Zeeche vum Covid. Och virdrunner ass et scho gesot ginn, dass mer elo net grad esou en Ustig haten, wéi mer en zum Deel am Ausland haten. Trotzdeem mengen ech, ass all Affer nach ëmmer en Affer ze vill.

Ech mengen, do si mer eis och alleguerten eens. Wat eis awer vläicht differenziéiert huet par rapport zu deenen anere Länner ass, dass eis Servicer permanent weidergeschafft hunn. Mir haten zu kengem Moment e Lach an eiser Interventionsketten. Dat heescht, wann een d'Police geruff huet, ass d'Police komm, genauso wann een e soziale Service opgesicht huet, waren déi och disponibel. Bon, covid-bedéngt hu si hir Consultatiounen eeben e bëssen aneschters gehalen. Mee wat wichteg war ass, ass, dass déi ganz Opfangstrukturen ëmmer nach do waren an dass och eis Gesetzter – ech denke grad un d'Wegweisung – net ausgesat gi sinn. Well dat ass nämlech de Problem, dee se am Ausland haten, wou se einfach d'Gesetzter opgehuewen hu mat deene Konsequenzen, déi mer hei kennen. Mee, wéi gesot, do wäerte mer nach eng Kéier drop ze schwätze kommen, wa mer am Fréijoer dann de Rapport maachen.

Ech gesinn, meng Zäit leeft of. Ech wollt just nach ee Wuert zur LISER-Etüd soen, well se einfach gutt weist, wéi ënnerschiddlech d'Fraen an d'Männer d'Pandemie erlieft hunn, a virun allem weist – an ech mengen, dat hat de Vertrieeder vun der DP gesot –, dass eng Kris eeben net genderneutral ass. A genau deen Aspekt mussen mer opgräifen. Déi Geschlechterperspektiv mussen mer an alleguerten d'Beräicher erakréien. Dat ass jo och de Prinzip vum Gender Mainstreaming. Dofir ass et wichteg, elo an deenen anere Ressourcen – et ass jo net nëmmen d'Egalitéitsministesch, déi elo hei gefuerdert ass – d'Besoine vun de Geschlechter ze identifizéieren an dann déi néideg Mesuren ze huelen, fir eeben och déi Méifachbelaaschtung – dat war d'Vertrieederin vun der gréng, déi dovun geschwat huet – bei de Fraen ze behiewen.

Ee Wuert dann awer nach zum Teletravail, deen den ADR erwänt huet: Ech si ganz derfir, dass mer e Kader mussen setzen, fir d'Leit och weiderhi vum Teletravail kënne profitéieren ze loossen. Ech sinn awer net der Meinung, dass dat elo déi ideal Mesure ass fir d'Fraen. Dat gëtt esou duergestallt, wéi wann dat elo déi Aarbechtsorganisatioun wär, déi grad fir d'Mammen ideal wär, well se da kënnen am Job bleiwen an nach doheem d'Kanner versuergen.

Bon, éischters emol mengen ech, riicht sech den Teletravail u jiddereen, onofhängeg vum Geschlecht. An zweetens ass Teletravail awer schaffen, et ass net gratis Maisons relais. An ech warnen och virdrunner, dass mer elo an déi Richtung ginn, dass mer erëm d'Frae wëlle soi-disant motivéieren, doheemzebleiwen.

Mir hunn esou vill Initiative geholl, grad fir d'Fraen erëm op den Aarbechtsmarché ze kréien, sief et well se eng Zäit ausgefall sinn, respektiv all déi Fraen, déi ni berufstätig waren. Ech mengen, alleguerten déi Initiativen do, déi eis haut awer Recht ginn – au contraire, ech mengen, dass mer déi souguer nach mussen weider ausbauen –, géife jo direkt zerfalen, wa mer elo soen: „Voilà, Teletravail! Mammen, huet dat, well domadder kënnt Der dann Äre Missiounen an der Kannerbetreuung nokommen“, onofhängeg dovun, dass souwisou och Pappen hei gefuerdert sinn.

Bref, mir hunn nach vill ze diskutéieren. Ech wëll dofir jidderengem hei nach eng Kéier Merci soen, wéi gesot, fir déi interessant Kontributiounen. Weider wäerte mer och um Observatoire de l'égalité schaffen, och deen ass erwänt ginn, et ass e Projet, deen am Opbau ass. Wichteg ass awer, dass mer alleguerten

d'Donnéen hunn – an do ass jo och ëmmer eng Revendicatioun aus dem Secteur komm, respektiv vun de Fraenorganisatiounen –, dass mer Chifferen hunn. Déi sinn elo alleguerten op enger Plaz zentraliséiert an den Observatoire erméiglecht eis, eeben och ze kucken, a wéi enge Beräicher eis eventuell nach Statistiken, nach Donnéeën feelen.

Et ass richtig: Et si Statistiken, et sinn Zuelen. Mee hannert deenen Zuele stichen och Mënschen, do sinn och Schicksaler an ëm déi mussen mer eis këmmen.

Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools der Madamm Ministesch fir d'Gläichstellung vu Fra a Mann. Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR) |** Villmools merci, Här President. Ganz kuerz: Et ass mer opgefall, dass d'Madamm Minister ëmmer gesot huet „den ADR“ an esou weider. Mee ausgerechent haut wollt ech hir soen – eng gutt Nouvelle –, dass et d'ADR ass, d'Alternativ Demokratesch Reformpartei: weiblich. Ech wollt Iech dat just soen.

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Kartheiser fir déi léif Prezisioun. Domat ass dese Punkt ofgeschloss.

## **6. Débat d'orientation sur les conclusions à retenir de la pandémie Covid-19 pour notre système de santé ainsi que sur la mise en œuvre du « virage ambulatoire »**

De leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten ass d'Orientéierungsdebatt vun der CSV-Fraktioun iwwert d'Schlussfolgerungen, déi een no der Covid-19-Pandemie iwwer eise Gesondheetssystem zéie kann, esouwéi d'Ëmsetzung vun den ambulante Behandlungen. An ech géif d'Wuert ginn un den honorablen Här Claude Wiseler als Vertrieeder vun der CSV-Fraktioun. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

**M. Claude Wiseler (CSV) |** Villmools merci, Här President. Mir hunn dës Debatt virun der Covidzäit ugefrot. Dat ass scho ganz laang hier an dass et esoulaang gedauert huet, huet natierlech e puer Grënn: Dat ass de Covid als ee vun deene Grënn, well eis Kommissioun laang beschäftegt war, well et och net onbedéngt Zäit war, fir déi hei Diskussiounen dee Moment op den Ordre du jour ze setzen.

Si ass elo e weëneg schlecht formuléiert ginn am Resümee, esou wéi se no bausse publizéiert ginn ass, well een d'Impressioun huet, mir géifen elo hei iwwert de Covid wëlle schwätzen an iwwert d'medezinnesch Konsequenze vum Covid. Dat war awer net esou geduecht. Mir wollten iwwert de Virage ambulatoire schwätzen an déi Experienzen, déi de Covid op deem Punkt dobäi bréngt, materanhuelen. Ech wollt d'Debatt erëm eng Kéier zentréieren op dat, wat effektiv geduecht war.

An déi Debatt ass, och wa mer se scho viru ganz laanger Zäit ugefrot hunn, nach ëmmer aktuell, well dann och heescht, dass an där Zäit an der Gesondheetspolitik en tant que tel ausser de Covidurgenzen net vill konnt weidergeschafft ginn, ausser den Diskussiounen, déi mer um Gesondheitsdësch haten.

A fir eis ass et kloer, dass mer elo an deenen nächste Méint müssen an der Gesondheetspolitik eng ganz Rei

Weiche stellen, déi absolutt noutwendeg sinn. Mee déi laang Virbereedungszeit, déi mer fir dës Debatt haten, huet natierlech och erlaabt, eng ganz Rei Diskussiounen um Terrain ze féieren, déi extreem interessant waren a wou een och gesinn huet, dass d'Visiounen vun deem, wat d'Zukunft sollt sinn, net ëmmer iwwerall gedeelt ginn, net iwwerall déi selwecht sinn. An ech wëll och all deene Leit, déi dee Froekatalog, dee mer erausgeschéckt hunn an do heiansdo ganz laang an detailléiert Äntwerten drop ginn hunn, villmools Merci soen, well déi hunn eis an eisen Iwwerleeungen an Diskussiounen scho weidergeholf. Dofir e grouss Merci.

Ech hunn eng introduktiv Remark ze maachen an duerno siwe Punkten. D'introduktiv Remark ass déi, dass wann een déi Texter liest, déi een erakritt huet iwwert déi Froen, déi mer gestallt hunn, da mierkt een, dass den Term „Virage ambulatoire“ zwar schonn e schéint Wuert ass, mee am Fong kee genau weess, wat en heescht, oder wann ech et anescht dréien, jiddwereen eng aner Definitioun huet, wat e mengt, dass et géif heeschen an dass mat ville verschiddene Konzepter geschafft gëtt, keng Unanimitéit iwwert d'Definitioun an iwwert d'Terminologë momentan do ass an dann natierlech scho guer net iwwert d'Konzepter. Dat ass dat Éischt, wat ee gemierkt huet.

Dat Zweet, wat ee gemierkt huet, ass, dass och hei vill Interëten am Spill sinn, déi heiansdo einfach ganz konträktorech openeen prallen. Ob dat Interëte vun den Doktere sinn, deenen engen, deenen aneren, vun de Profession-de-santéen, vun de Klinicken, vun de Patienten, alles dat ass elo nach ënner een Hutt ze kréien ... Dat ass nach net ënner engem Hutt, dat Ganz. An dat ass jo d'Aufgab vun der Politik, fir dat ze maachen.

Fir eis Diskussiounen unzuegoen, wollt ech ganz kuerz e puer Explikatiounen ginn iwwert déi Wieder, déi ech elo gebrauchen, dass zumindest kloer ass, a wat fir engem Kontext ech verschidde Wieder, dat eent oder dat anert, gebrauchen. Et ass net onwichtig, well ee soss direkt falsch verstane gëtt. Dat hat ech alt ëfters elo an Diskussiounen an dofir ass deen Exercice am Fong net onnéideg.

De Virage ambulatoire – wann ech et esou interpretéieren – ass am Fong e geneereschen Term fir alles dat, wat net klasescherweis am Hospitalier gemaach gëtt mat Sejour am Spidol, ze determinéieren. Dat heescht, et fält extreem vill do drënner.

Da gëtt et Interventiounen am Ambulatoire. Dat sinn am Fong déi Interventiounen, wou kee Sejour am Spidol néideg ass, wou ee moies erakënn an owes erausgeet. Et gëtt och viles am Hôpital de jour gemaach, wat och derbäi kënnt, wat och en Deel vun dem Virage ambulatoire ass. Dat kann intra muros oder extra muros gemaach ginn, dat heescht am Mutterhaus vum Spidol, mee awer och extra muros am Extrahospitalier, an Antenne vu Spideeler oder bei independente Praxissen. An da gëtt et am Konzept Ambulatoire och nach déi ganz Froe vun der Hospitalisation à domicile: De Réseau de soins à domicile an d'Telemedezinn kommen nach derbäi, wat och eenzel Aspekter vun dem Ambulatoire sinn. Dat also just, fir eng Kéier d'Termen ze fixéieren an déi Breet, vun deem mer hei schwätzen, wa mer vum Virage ambulatoire schwätzen.

Wat een an den Äntwerte festgestallt huet, ass, dass momentan keng Eenegkeet op de Begrëffer do ass, also momentan och keng Eenegkeet op de Konzepter do ass. An dofir ass et momentan och ganz schwieereg, fir eng kloer politesch Linn an dës Entwécklungen ze kréien. Déi kloer politesch Linn ass awer haut absolutt noutwendeg, well mir op jidde Fall



iwwerzeegt sinn, datt dat Iwwergewicht, wat haut den Hospitalocentrismus huet, an Zukunft net méi kann esou sinn, op jidde Fall, datt dat Konzept keng Zukunft huet!

Mir sinn iwwerzeegt, datt den Ambulatoire – wann en da gutt organiséiert ass mat all senge Facetten, déi ech bis elo genannt hunn – den neien Entwécklung vum der Medezinn fir eng ganz Rei vu Situatiounen besser entsprécht an dofir muss gepusht ginn.

Mir sinn och iwwerzeegt, datt zu engem Deel den Ambulatoire erlaabt, eng qualitativ Toppmedezinn mat reduzéierte Käschten a verschiddene Punkten ze maachen. Mir sinn och iwwerzeegt, datt et fir de Patient a ville Fäll zu engem supplementäre Confort ka féieren, fir iwwer eng Médecine ambulatoire kënnen ze beneficiéieren, datt mer och manner Waardezäiten, deemno wéi mer et upaken, kënnen domat erreechen, an et fir den Dokter, notament déi spezialiséiert Dokter, och eng Amélioratioun vum der Fräiheet vum der Therapie ka bis zu engem gewëssenen Deel bedeiten.

De Constat vum haut, wann ech kucken, dat ass, datt mer e performante Santé, e performante Gesundheitssystem hunn, mee datt et kloer ass, datt de Mangel u Connectivitéit ënnert dem Hospitalier engersäits an dem Ambulatoire existant awer flagrant ass. Dat soen net ech, dat soen eng ganz Rei vum deene Leit, déi eis geschriwwen hunn. Ech zitieren hei de Conseil supérieur de certaines professions de santé, dee ganz kloer zum Ausdrock bréngt, datt ganz rapid Solutiounen hei absolut noutwendeg sinn iwwer d'Ambulantisatioun, nenne si dat, iwwer d'Réseaux de traitement et d'approvisionnement, iwwer d'Digitalisatioun, iwwer d'Intelligence artificielle, iwwer Big Data, wat alles an deem Kontext weesentlech Aspekter sinn.

Hir Konkusioun, an ech liese se vir, fir kloer ze weisen, datt se net just vu mir ass. Si soen: „On peut constater que le Luxembourg n'est pas bien préparé pour le virage ambulatoire que ce soit au niveau du financement ou des structures.“ An e wéineg weider: „Le virage ambulatoire nécessite une organisation médico-soignante et géographique nouvelle autour de nos quatre centres hospitaliers.“ Eng kloer Ausso, déi mir, esou wéi se hei geschriwwen ass a virgelies ginn ass, deelen.

Par contre soen all Avisen, déi mer hei hunn, datt d'Médecine ambulatoire vum hirem Prinzip aus begréisst gëtt. An dofir wëll ech eng ganz Rei Prinzipien elo opzielen – siwe Stéck – déi fir eis am Ambulatoire ganz einfach wichteg sinn, wa mer wëlle weiderkommen a wa mer dat och wëlle seriö op de Lëtzebuerger Territoire ëmsetzen.

Deen éischte Prinzip, dat ass deen, datt an allen Avisen zréckbehale gëtt, datt de Système hospitalier op där enger Säit an op där anerer Säit den Ambulatoire net kënnen niewentenee fonctionéieren, mee datt et evidenterweis e kohärente System muss sinn, deen zesummen d'Continuité des soins ka garantéieren a se assuréieren.

Et wär äusserst problematesch, wann Ambulatoire an Hospitalier e Konkurrenzsystem wären. Dofir ass et an eisen Aen absolut eng Prioritéit an eng Noutwendegkeet, datt de Plan hospitalier iwwerschaft gëtt an och an de Plan hospitalier den Deel Ambulatoire mat erageholl gëtt, fir esou eng kohärent Politik ëmzesetzen. D'ailleurs net nëmmen den Deel, déi Aspekter vum Ambulatoire mat erageholl ginn, mee och aner Aspekter wéi déi vum der Altersfleeg an Änlecher, déi mussen och beinhalt ginn, fir am Fong aus dem Plan hospitalier e grouse Plan santé ze maachen. Dat heescht, eng Revisioun vum Plan hospitalier, fir e Plan santé draus ze maachen, schéngt eis absolut noutwendeg ze sinn. An dat selwecht gëllt natierlech

fir d'Iwwerschaften an deem selwechte Sënn vum der Carte sanitaire.

Zweete Prinzip, dee mer wëllen ugoen, dat ass deen, datt et kloer ass, datt fir datt den Ambulatoire an Zukunft soll fonctionéieren, fir datt en uerdentlech ka fonctionéieren, eng Interaktioun mam Hospitalier absolut noutwendeg ass. A fir déi méiglech ze maachen, muss natierlech den Informationsfluss digital perfekt lafen.

Dozou seet dann och de Conseil supérieur de certaines professions de santé dat hei. Ech zitieren et, fir och do ze weisen, datt et net nëmme mir sinn, déi dat mengen. De CSCPS seet: „Même dix ans après la création de l'agence eSanté, cette plateforme ne sait ni répondre et satisfaire aux demandes des acteurs principaux.“ Kloer an daitlech. „La digitalisation“, fiert e weider, „de l'ensemble des données est absolument nécessaire pour conclure au virage ambulatoire. Ceci au niveau du diagnostic et des traitements. Le transfert des données devra se faire en real time. Les bases de données ne sont aujourd'hui que marginales.“

An dann d'Konklusioun: „Il est d'une importance capitale que le dossier du patient digitalisé soit complet et à jour. Sans cet outil, le virage ambulatoire sera impossible à réaliser.“

Mir hunn natierlech en informatesch Instrument elo schonn do leien. Déi Aussoen hei soe just, datt dat digitalt Instrument, wat mer do leien hunn, am Fong der Realitéit net entsprécht an am Fong mer näischt kënnen domadder ufänken, fir deen Ambulatoire esou weiderzeféiere wéi mer e misste weiderféieren. An dat ass a mengen Aen awer och e Versoe vum deene leschte Jore Santéspolitik, déi hei kloer ze ënnersträiche sinn, e weesentleche Punkt, wou mer net weiderkonn sinn a wou mer elo mussen enorm Effort maachen. Dorops komme mer nach an enger anerer Debatt an deenen nächste Méint eng Kéier zréck.

Am haitege Constat wëll ech just soen, datt déi Plattform esou muss gestallt ginn, datt se éischters emol iwwerhaupt uerdentlech fonctionéiere kann, zweetens, de Besoin vum haut entsprécht an drëtens dann och de Besoin vum Virage ambulatoire kann entsprechen.

Mir soen et, mee mir soen et net eleng. All déi Acteuren, déi mer ugeschriwwen hunn, kommen am Fong mat deem selwechte Constat zréck wéi de Conseil supérieur de certaines professions de santé.

Mäin drëtten Punkt, dat ass deen vum der Maison-médicale-de-garden. Déi haiteg Maison-médicale si jo haaptsächlech do, fir Soin-primaires ze assuréieren, haaptsächlech zu deenen Zäiten, wou den Hausdokter net méi erreechbar ass. Dofir och déi aktuell Horairen, esou wéi se do stinn. Et ass am Fong net de Remplacement vum der Médecine générale, mee et ass eng Permanence vum der Soin-de-garden, déi assuréiert gëtt.

No verschiddenen Aussoe gëtt heiansdo déi Maison-médicale dohinnergestallt, wéi wann et regionaliséiert Service-d'urgence wären. Dat ass awer, mengen ech, souwäit ech dat verstanen hunn a gesinn, net hir Roll. Hir Roll ass a sech, fir Garden ze assuréieren, an andeem se dat maachen, ass et natierlech en Automatismus, datt se verschiddentlech Urgencen entlaaschten, ouni selwer Urgencen ze sinn. Si entlaaschten d'Urgencen, well verschidde Leit, déi guer net an eng Urgence wëlle goen, mussen goen, solle goen, dann eng Ulafstell hunn, déi se soss net hätten, wann d'Maison-médicale net do wär. A wann d'Maison-médicall net do wären, géife se dann an d'Urgence goen. Insofern entlaaschte se d'Urgencen, mee sinn natierlech vu sech aus, vum

Ekipement aus, vum hirem Fonctionnement aus net selwer eng Urgence.

Mir wëlle just soen, datt mer hei an deene ganzen Aussoen eng positiv Bewäertung vum der Maison-médicale-de-garden erëmfondt hunn; eng positiv Bewäertung, déi mer och deelen.

Par ailleurs, wa mer op d'Expérience vum Covid zréckgräifen, da gesi mer, datt och déi Maison-médicale sengerzäit benotzt gi sinn, fir en Deel vum dem Covidtraitement opzefänken, fir an der éischter Linn ze sinn, fir separat Garden do ze maachen, fir e separaten Empfang do ze maachen, wat en fin de compte gutt fonctionéiert huet. Ech wëll dat och ganz, ganz kloer soen. Dat huet, ech weess net während wéi vill Méint, während e puer Méint esou ...

*(Interruption)*

Bon, ok, komme mer duerno dorobber zréck. An ech wollt dat am Fong positiv bewäerten. Mee Dir erkläert mer dann, datt dat anescht duerno ass ..., wéi Der wëllt.

Mee wéi och ëmmer, mir sinn der Meinung, datt déi Sënn gemaach hunn, datt déi nach ëmmer Sënn maachen. Verschidden Avisen soten eis, datt eng Extensioun vum den Horaire misst geschéien. Ech kann dat duerch aus verstoen, datt een dat seet. Op där anerer Säit soen ech awer och, datt et eng Konkurrenz vum der Médecin-généralist wär, wa mer géifen d'Horaires esouwäit maachen, datt se natierlech op déi Horaire vum der klassesche Cabinet-médicale géifen eriwergoe respektiv vum der Médecin-de-familien eriwergoen.

Dofir soen ech ganz kloer, datt mer relativ skeptesch do sinn. A wa mer d'Roll vum der Maison-médicale-de-gard wëlle bäibehalen, da fanne mer et sënnvoll, datt déi Horairen ugepasst sinn un déi Horairen, déi d'Cabinet-médicall en fin de compte net hunn, fir am Fong d'Garden ze assuréieren.

Verschidden Avisen soen och, datt déi Maison-médicale missten intra muros vum der Spideeler sinn, well dat géif bedeiten, datt mer eng weesentlech besser Konnektivitéit kéinten hunn zwëschen op där enger Säit der Maison-médicale an op där anerer Säit dem Spidol an domat eng besser Continuité des soins assuréieren. Mir kënnen dat Rasonement verstoen, mee mir soen op där anerer Säit och, datt mer et awer ze enk gegräff spieren, well et och méiglech a wichteg ass, datt deen Typ vu Maison-médicale kann e regionaliséiert Angebot duerstellen, e regionaliséiert Angebot, wou een och kann am Osten, am Westen oder ganz héich am Norden eng Maison-médicale ubidden.

Mir wëssen natierlech, datt déi Maison-médicall och mussen u Spideeler gebonne sinn, fir d'Continuité des soins ze assuréieren. Mee mir soen awer dat muss net onbedéngt eng physisch Ubannung sinn, datt se am Spidol bannendra sinn.

A mä leschte Punkt dovunner, dat ass, datt natierlech de Fonctionnementssystem esou muss sinn – mee dat hunn ech virdru gesot –, datt eng Relatioun mam Spidol muss méiglech, oder net nëmme méiglech, mee obligatoresch muss sinn, well dann e schnellen Transfert méiglech ass an e schnellen Transfert, deen ass natierlech eventuell wichteg, deemno wéi de Fall ass an deemno wéi de Patient muss weidergeleet ginn. Et muss och assuréiert ginn, datt natierlech déi Exercicen an déi Analysen, déi gemaach gi sinn, ob dat elo Radioen, Scanner sinn oder wat och ëmmer ... Wann dat dann an de Maison-médicale present ass, datt déi net mussen nach eng Kéier, wann de Patient an d'Spidol kënnt, einfach widderholl ginn, well dat iwwerflësseg wär an net sënnvoll.



An deem Sënn hu mer a sech e positiven Avis iwwert déi Maison-médicallan a mengen, datt déi Weiderentwécklung soll mat deenen do Krittäre geschéien.

Dann zu de Centres médicaux pluridisciplinaires, ronderëm déi sech jo déi politesch Diskussioun dobause dréit. Ech wollt just net, datt mer notament ronderëm déi IRMen, déi jo an der Diskussioun sinn ..., ech wëll just net, datt déi hei Diskussioun iwwert den Ambulatoire just elo eng Diskussioun iwwert IRMe gëtt, well dat wäert just 2-3 % vun der Diskussioun an op eppes fokusséiert, wat zwar wichteg ass, mee nu wierklech net dee ganzen Debat vun dem Ambulatoire ausmécht. Dofir géif ech dat hei wierklech e weéng relativéieren, mee awer och net scheien, fir e puer Wuert driwwer ze soen, fir eis Positioun driwwer ze soen.

Et geet also iwwert déi Fro eraus, mee et geet, also am Fong iwwert de Fait eraus, datt dat, wat d'Tribunaler elo decidéiert hunn, datt alles muss am Gesetz festgehale ginn. Dat ass eng juristesche, eng technesch Fro, déi muss geléist ginn. Mee wat ech feststellen oder wat mir feststellen, dat ass, datt d'Medezinn technesch an deene leschte Joren enorm evoluéiert huet an datt de Beneficiaire vun där Evoluitioun haaptsächlech de Secteur hospitalier war. Deen huet aus zwee Grënn vum Progrès beneficiéiert, well de Legislatuer, dat heescht, mir an dësem Moment am Fong festgehalten hunn, datt eng Rei Apparaten, verschidde Saache reservéiert ware fir de Spidolsssecteur éischters. Dat ass jo den Zentrum vun der Diskussioun. An zweetens, well mer am Fong och budgetär Moyene fir d'Spideeler virgesinn hunn, fir dat ze kafen.

Déi hunn also direkt vun dem Progrès technique médical profitéiert, während den Extrahospitalier net ëmmer konnt am selwechte Mooss aus deenen do Grënn vun deem Progrès beneficiéieren, also och net ëmmer à la pointe du progrès sinn. Dofir huet sech villen an d'Spideeler verlagert, wat am Fong net onbedéngt hätt misse sinn, wat dann och zu enger Rei Enkpäss, déi mer alleguer kennen, gefouert huet.

Dofir ass et fir eis evident, datt d'Lëscht vun deem, wellech Apparater ausserhalb vum Spidol – also och privat finanzéiert – kënnen autoriséiert ginn, vill méi grouss muss sinn an en haut muss ugepasst ginn. Dat gëllt selbsterständlech an eisen Aen och fir d'IRMen.

Et ass awer an eisen Aen net nëmmen eng juristesche Fro. Et ass eng Evoluitioun, déi souwiso an eisen Aen net méi opzehalen ass. Mir regrettéieren, datt am Fong säit dräi Joer keng kloer an daitlech Äntwert dorobber komm ass. Dat huet zu enger Situatioun gefouert, wou haut verschidden Dossiere blockéiert sinn, an dat ass extreem schued esou.

Déi zentral Fro, déi sech stellt, dat ass an eisen Aen: Wéi begleeten ech et als Staat? Wéi begleeten ech déi Evoluitioun do als Staat? A wat fir eng Krittäre muss ech setzen, datt mer déi Evoluitioun esou kréien, datt se uerdentlech ka gestalt ginn?

Deen éischte grouse Prinzip, dat ass, datt mer ganz gutt mussen oppassen, datt mer eng Zwouklassemmedezinn hei zu Lëtzebuerg evitéieren. Déi wëlle mer op kee Fall, fir dat kloer ze soen. Par ailleurs muss ech soen, hu mer schonn deelweis déi Zwouklassemmedezinn, well awer déi Leit, déi sech kënnen erlaben, an d'Ausland ze goen, respektiv déi wëssen, wéi et geet oder déi et kënnen bezuelen, schonn dee Wee maachen, während aner Leit de Wee net maachen. An dee Moment hu mer eng Medezinn, wou déi eng et kënnen an déi aner net. Also eng Zwouklassemmedezinn muss mer evitéieren, an dofir muss mer eng Rei politesch Aktiounen maachen.

Dat Zweet, dat ass, wat mer musse garantéieren – niewent dem Zwouklassemmedezinn evitéieren –, dat ass, datt mer d'Qualitéit vun eiser Offre médicale garantéieren.

An dat Drëtt ass, datt de generelle Käschtepunkt ze iwwerblécke bleift an datt mer en och am Grëff behalen. Alles dat zesummenzekréien, weess ech jo och, datt et net einfach ass, mee dorëms mussen eis politesch Aktiounen sech awer dréien. Aus deem Grond plädéiere mir fir eng Garantie fir de Patient, datt déi selwecht Tariffer applizéiert ginn an de Klinicke wéi an de Centre-médicallan, wann et sech ëm déi Geste-médicallan handelt - éischte Punkt.

Zweete Punkt, dat ass, datt mer froen, datt eng Rei Émännerungen an der Nomenclature vun der CNS solle geschéien, fir och esou en Tarif fir d'Location de matériel fir déi Apparaten, déi da privat prefinanzéiert ginn, iwwert Amortissementer zréckzebezuolen. Maache mer dat net, komme mer an de System, wou de Patient dat direkt muss bezuelen, also an de System vun enger Zwouklassemmedezinn eran. An dat wëlle mer op kee Fall!

An ech mengen, déi Diskussioun huet jo schonn an der Commission de nomenclature ugefaangen, muss och zu engem Ofschluss gefouert ginn.

Drëttens, d'Noutwendegkeet – deemno wellech Interventiounen an esou Zentere gemaach ginn –, fir en Ofkommen, en Accord oder eng Konventioun, wéi Der et och ëmmer wëllt nennen, mat enger Klinik, mat engem Spidol ze hunn, fir op där enger Säit am Noutfall kënnen besser ze reagéieren an natierlech, fir d'Continuité des soins kënnen ze assuréieren. Dat léisst natierlech och verschidde Modeller vun esou Centre-pluridisciplinären zou, ob dat op där enger Säit privater mat Accord vun dem Gesondheitsministère sinn oder op där anerer Säit Klinicke sinn, déi am Fong dann esou Maison-externë bedreiwen. Déi zwee Modeller sinn an eisen Aen de toute façon méiglech.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) |** Wat heescht dat?

**M. Claude Wiseler (CSV) |** Dat heescht, datt eng Klinik et kann en tant que tel maachen, mee datt et och ka privat finanzéiert ginn, wann en Accord an en Ofkommen mat enger Klinik do ass.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) |** Jo.

**M. Claude Wiseler (CSV) |** Ok.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) |** Dat sinn d'Besoinen.

**M. Claude Wiseler (CSV) |** Jo, mee ech si jo och nach net fäerdeg, Här Di Bartolomeo.

**Une voix |** De Besoin ass do, Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) |** A!

**Une voix |** De Besoin ass do.

**M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale |** Loosst den Här Wiseler schwätzen.

**M. Claude Wiseler (CSV) |** Här Minister, et ass léif, datt Dir mech hei géint den Här Di Bartolomeo verteidegt. Ech fueren och weider.

Mir brauchen also e kloer legal gesatene Kader. Mir wëlle keng Minikliniken, mir wëllen och net, datt just Antenne-hospitalière bestinn. Mir wëllen, datt mer e Modell kënnen developéieren, deem dat do méiglech mécht. Mir wëllen also en zousätzlech a strukturéiert Angebot. Mir wëllen, datt den enke Kontrollsystem vum Staat kann exercéiert ginn, fir den abusive Gebrauch vu solchen Apparaten ze vermeiden. Ech weess, Här Minister, datt dat wahrscheinlech ee vun deene schwierigste Punkten ass, mee deen ass awer noutwendeg. Mir mussen och, wat d'Gehälterstrukturen ugeet, ganz kloer soen, datt déi Gehälterstrukture

mussen deem entsprechen, wat am Spidol ënner Kollektivvertrag eng Evidenz a logesch ass. Dat ass fir eis eng Evidenz.

Par ailleurs, mengen ech souguer, datt et keng Diskussioun richteg ass. Well wann ech kucke wéi d'Saach an der Real ..., also et ass schonn eng Diskussioun, natierlech. Mee wann ech kucken ... Wat ech wollt soen: Wann ech kucken, wéi d'Realitéit ass, déi Leit, déi do schaffen, sinn esou rar, datt ech mer net ka virstellen, datt privat Cabineten der iwwerhaapt kënnen rekrutéieren, wa se se net esou bezuelen, wéi dat an de Spideeler virgesinn ass. Dat heescht, et ass an eisen Aen eng Evidenz an och souwiso eng Realitéitsfro, déi sech do stellt.

An dee leschte Punkt, dat ass natierlech, datt een och muss kucken, wellech Konsequenzen dat finanziell op d'Spideeler huet an déi Diskussioun och mat de Spideeler féieren. Dat ass awer nëmmen deen een Aspekt. Deen aner Aspekt ass, datt mer och esou schnell wéi méiglech dee Gesetzestext brauchen, wou d'Dokteschpraxisen a gemeinsam Gesellschaftspraxisen kënnen ëmgewandelt ginn an och juristesche existéieren an esou fonctionéieren.

D'Madamm Minister huet deen Text scho fäerdeggestallt. Ech weess elo net genau, wou en drun ass, mee en ass an der Consultatioun. Ech wëll mech och net iwwert den Detail hei äusseren. Mee ech mengen, vum Prinzip hier, ass et weesentlech, datt mer esou en Text kréien. An deen Text muss och den Typ vun de Gesellschaften dann also definéieren, wou Doktere respektiv aner Profession-de-santéen – ob dat elo Infirmieren oder Kinéen oder wien och ëmmer ass – déi sinn, déi am Fong déi Gesellschaften geréieren an datt mer evitéieren, datt d'Finanzgesellschaften déi sinn, déi vun esou Gesellschaften en fin de compte Beneficiaire sinn, wou de Bénéfice financier dat eenzeg Zil ass.

*(M. Marc Spautz prend la présidence.)*

Och dat ass warscheinlech relativ komplizéiert, am Gesetz ze maachen. Ech mengen, ech hunn et elo hei einfach, et ze soen. Dir musst d'Komplexitéit ëmsetzen a mir kommen duerno dann erzielen, ob mir dat gutt fannen, wat Dir gemaach hutt. Mee wichteg ass awer emol an enger éischer Etapp, datt mer eis iwwert de Prinzip eens ginn an datt mer kënnen op deen do Wee goen. Dat ass esou de generelle Kontext, wou ech mengen, datt déi Centre-médicallan an Zukunft solle schaffen an och kënnen eng Chance hunn, fir eng richteg, holistesche a pluridisziplinär Approche vum Patient ze hunn.

Mäi fënnefte Punkt, dat ass dee vum Médecin généraliste a vum Médecin référent. Et ass ganz kloer, datt déi Reformen, déi gemaach gi sinn, fir de Médecin référent anzeféieren, d'Prise en charge verbessert hunn. Ech soen dat och ganz kloer hei. A si hunn och de Rôle vum Generalist valoriséiert. Dat ass an eisen Ae positiv. De Médecin généraliste soll och am Zentrum vun der classescher a vun der ambulatoire Medezinn stoen.

Mee leider huet dat och seng Limite gehat. A wann een de Cercle des médecins généralistes liest, da gesäit ee relativ gutt, wou si mat deene Limite vun deem Médecin de référent kämpfen.

Éischters soe se, datt e grouse Problem déi massiv administrativ Surcharge vun der CNS ass.

Deen zweete Punkt ass, datt den Dossier de soins par tagé – schreibe si – „désespérément vide“ ass. A fir déi, déi selwer schonn den DSP gemaach hunn, an ech denken, datt déi meescht vun eis dat gemaach hunn, déi wëssen – op jidde Fall ass et bei mir esou –, datt en net vill gebraucht gëtt, an ech mengen, datt näischt dran ass vun deem, wat ... Ech hunn en opgemaach an du war et dat.



Bon, vläicht hutt Dir dat besser gemaach, Här Minister, dat mag jo sinn, mee bei mir ass et esou. Mee op jidde Fall ass et e Problem, well et net systematesch fonctionéiert a well een och d'Impressioun huet, datt keen Interêt vum Patient do ass, well de Patient am Fong dervunner ausgeet, datt dat alles misst automatesch geschéien. Et geschitt awer net automatesch. An ech mengen, dat ass och e grouse Problem, dee momentan do ass an dee mer musse léisen.

An da soen d'Generalisten och, datt natierlech duerch den zukünftege Mangel u Generalisten eng Diskussioun op eis zoukënn, wa mer da wëllen Ambulatoire maachen. Dat ass dat, wat si den „task shifting“ nennen, dat heescht, wou iwwert de Fait muss geschwat ginn, wat da vun de Generalisten um Terrain kann an net ka gemaach ginn.

Dat heescht, wat ech wëll soen: Déi Aufgaben, déi do op eis zoukommen als Politik, déi si kloer! Mir musse iwwert déi administrativ Dechargé vum Médecin généraliste oder vum Médecin référent schwätzen. Mir musse iwwert d'Fonctionnement vum Patienten-dossier, vum DSP, schwätzen. A mir musse iwwert deen Task Shifting schwätzen, well do musse eng Rei Solutiounen fonnt ginn.

Mäi sechste Punkt, dat ass deen iwwert d'Telemedezinn. Telemedezinn ass praktikabel, dat huet d'Pandemie, dat huet de Covid-19 kloer gewisen. Ech ka mech drun erënneren, déi Méint, wou et schwierig war erauszegoen, wou och d'Dokteren net richtig woussen, wéi se dat sollen upaken, wéi vill d'Telemedezinn op eemol explodéiert ass. Dat war jo positiv esou, dat war och gutt esou. Mee am Nachhinein, wann een drun denkt, huet et awer eng ganz Rei Froen opgeworf, Froe wéi: Wat muss dann an der Telemedezinn bezuelt ginn? Wéini, a wellechem Fall kann ee se gebrauchen? Wou leien d'Responsabilitéiten? An Änlech.

Dofir soe mir hei ganz kloer: Dat war eng positiv Experienz, dat muss och onbedéngt weidergefuert ginn! Si ass besonnesch wichteg an esou Momenter, wa mer eng Epidemie hunn, wou se eng ganz grouss Roll ka spillen, mee awer och bei Patienten, déi en institution sinn, déi musse suivéiert ginn. Och bei Reseauen ass se enorm wichteg, respektiv och, wann zum Beispill e Suivi, e Suivi postopérateur, ass, kann d'Telemedezinn extrem effikass sinn, well se Deplacementer vermeit, respektiv fir d'Diskussioun vu Suivi an Décision-thérapeutique, déi duerchaus, nottamment wa se am Ambulatoire sinn, kënnen iwwer Telemedezinn gemaach ginn.

Just, wat mer brauchen, dat schéngt an eisen Aen evident a gëtt och vu jiddwerengem gefrot, dat ass e kloer gesetzleche Kader, wou mer emol d'Definitioune setzen, wat da kann an därer an der Telemedezinn gemaach ginn, wou och d'Tarifikatioun kloer definéiert ginn, well ech denken, datt d'Tarifikatiounen net onbedéngt déi selwecht an der Telemedezinn ginn, wéi wann den Dokter sech deplacéiert, an datt mer do schonn eng Reflexioun driwwer musse maachen. Och eng Definitiou vum de Responsabilitéiten. Wien ass da responsabel fir wat? A wéi ginn Ordonnancen, Uerdere, vun deem engen zu deem anere weider? Wéi ass dat retraçabel? Wéi kann een deontologesch Ligne-de-conduite festleeën? Well och d'Telemedezinn brauch eng gewëssen Deontologie, wou vläicht total aner Aspekter nach erakomme wéi déi vun der klassischer Medezinn. Wéi ass et mat Alternativen an dehors vun den Öffnungszäiten, mat de Remboursement vun der CNS, mat dem Coût an dem Remboursement vun Apparaturen, mam Droit d'accès och un all d'Donnéen, op déi déi Professionell am Kader vun der

Telemedezinn awer musse kënnen Accès hunn, andeems se sech natierlech un all d'Reegelen halen?

Dat sinn a mengen Aen, an eisen Aen, essenziell Froen. Also, mir brauchen e kloer gesetzleche Kader, deen d'Responsabilitéit festleet, deen d'Deontologie definéiert, mir brauchen e finanzielle Kader, eng Tarifikatioun vun der CNS, a mir brauchen och e kohärenten informatische Kader, gesetzlech ofgeséichert, fir datt mer an deem do Dossier weiderkommen. Ech mengen, datt mer do eng Rei Retarden hunn. Ech mengen, datt déi Retarde kënnen rattrapéiert ginn. Mee ech fannen et wichteg, datt mer dee grouse Chantier vun der Telemedezinn elo opmaachen.

Mäi siwente Punkt, dat ass dee vun den Hospitalisations à domicile. Dat ass och warscheinlech eng vun deene groussen Zukunftsfroen an Zukunftsentwécklung vum der Medezinn, well d'Technik hei ëmmer méi wäert erlaben a well d'Hospitalisation à domicile en absolut noutwendeg Corollaire vum Virage ambulatoire ass.

**Une voix | Très bien!**

**M. Claude Wiseler (CSV) |** An deenen Avisen, déi mer kruten, gëtt et och ganz oft kritesch gekuckt. Ech wëll dat och net verstopen. Zum Beispill d'Generalisten, déi soen, datt eng ganz Rei ... „de nombreuses limites et des inconnues“ momentan nach do sinn a wéi een dat da soll upaken. Ech soen awer hannendrun, datt déi Covid-19-Experienz eis awer do och eng Rei Méiglechkeete gewisen huet, wéi d'Hospitalisation à domicile scho kann effikass sinn, wéi se eis eng Surcharge an de Spideeler kann evitéieren a wéi se och, wann zum Beispill eng Epidemie ass, awer kann op verschidde Weisen evitéieren, datt d'Epidemie an d'Spideeler mat erageschleeft gëtt, wann een d'Méiglechkeet huet, d'Patienten doheem ze betreiien an domat ze schützen. Also mécht dat absolut Sënn, datt mer an déi Richtung do ginn.

Et si jo d'ailleurs och schonn eng Rei Experienze gemaach ginn, säit Joren, nottamment déi Experienz vun der Antenne mobile vum dem Nordspidol, wou eng ganz Rei Kribspatienten doheem an der Hospitalisation à domicile traitéiert ginn. An do stelle sech jo ronderëm dat eng ganz Rei Froen, an ech wëll dat och a siwe Froen ugoen, well dat ee vun de wichtegsten Aspekter vun dem Ambulatoire ass.

Éischtens: De Remboursement, denken ech, muss spezifesch an der Loi hospitalière festgeluecht ginn, fir datt mer net do op Interpretatiounen musse zrëckgräifen, fir esou Typen vun Hospitalisationen à domicile dann ze finanzéieren. Dat muss och elo, mengen ech, ëmgeännert ginn. Dat schéngt mer absolut wichteg ze sinn. Ech mengen och net, datt do Contestatiounen driwwer bestinn, mee et muss einfach gemaach ginn.

Zweetens muss e kohärent Konzept ausgeschafft ginn. Wéi gesot, déi Experienzen, déi ech virdru scho beschriwwen hunn, déi elo säit 15 Joer lafen, déi hu jo, a mengen Aen op jidde Fall, extrem positiv Resultater. Et muss een awer och definéieren, wéini een da kann Hospitalisation à domicile maachen. Ech mengen, datt et bei Palliativmedezinn, bei der Onkologie, zwar net bei alle Fäll, mee bei enger ganzer Rei vu Fäll, extrem logesch ass an och sënnavoll ass, op dee Wee ze goen. Mir bräichten also eng Lëscht vun deene Soinen, déi an dem Ambulatoire, am Ambulante mat der Hospitalisation à domicile, méiglech sinn, wéi zum Beispill bei Grossesse-à-risken, wéi zum Beispill bei Epidemien, wéi zum Beispill beim Postopérateur, wou dat kann extrem sënnavoll an och par ailleurs nach käschtespuerend dobäi sinn.

Mir brauchen drëtzens Changementer an der CNS, déi absolut noutwendeg sinn. D'Charge financière vum Patient därer net méi héich si wéi déi am Spidol. An déi Ekipp, déi doheem schaffen, déi musse och

finanziell a logistesche Soutien kréien, am Fong änlech wéi am Spidol. Dofir mengen ech, Dir kënnt mer awer gären eppes anescht soen, mee ech sinn iwwerzeugt, datt dofir eng spezifesch Nomenclature fir d'Hospitalisation à domicile noutwendeg ass, ansonste komme mer net richtig weider. Am Fong wäert eng komplett Tarifikatioun fir de Secteur ambulatoire eng noutwendeg Diskussioun an den nächste Méint ginn.

Dann ass déi grouss Fro – dat ass mäi véierte Punkt –: Wien ass dann en charge vun der Hospitalisation à domicile? An do ginn och, wann een d'Avisé liest, d'Meenungen heiansdo ausereneen. Fir mech a fir eis ass et ganz kloer, datt de Médecin hospitalier coordinateur, deen en place ass, dee muss sinn, deen den Zentrum vun der ganzer Hospitalisation à domicile muss maachen. Du brauchst een Dokter, deen et koordinéiert an dee responsabel ass fir de Patient, och wann en doheem soignéiert gëtt. D'Spidol brauch also do ronderëm eng ganz Organisatioun, fir dat ze maachen. An et muss een och nach definéieren, wat dann de Rôle vum Médecin traitant an där doten Organisatioun ass.

An duerno kënnt dann d'Fro: Wie mécht et um Terrain? Och dat ass eng gréisser Diskussioun dobaussen. Ech weess, datt d'Leit, déi um Terrain schaffen, sech net ëmmer eens sinn an do vill Diskussiounen momentan amgang sinn. Ech soen Iech do eis Meinung, déi ass net total fix, mee et ass mol eng Approche, déi mer momentan hunn – à continuer la discussion.

Et ass fir mech relativ kloer, datt déi Ekipp entweder d'Équipe soignante vum Spidol ka sinn oder, wann et d'Équipe soignante vun de Services vu Soins à domicile ass, wat, mengen ech, och muss kënnen eng Méiglechkeet sinn. Dann ass et natierlech absolut noutwendeg, datt eng enorm enk Kollaboratioun mat dem Médecin hospitalier besteet. Dee muss also kënnen Vertrauen an déi Persounen hunn, se och perséinlech kennen, wa se a sengem Numm quasiment bei d'Leit heem ginn, fir eng Rei Kontrollen ze maachen, respektiv wa se am Kontakt mam Dokter sinn, da muss den Dokter wëssen, mat wem en et ze dinn huet. Dat kann net all Dag en anere sinn, et kann net ëmmer changéieren. An dofir denken ech, wann een dat iwwer Reseau lafe léisst, da musse dat schonn Équipe-dédiée si fir deen do Typ vun Interventiounen, déi de Médecins traitants respektiv dem Dokter, deen dat Ganzt mécht, och bekannt sinn.

An dat Fënneft, dat ass, datt d'Definitiou vum den Tâchen an de Responsabilitéiten och muss absolut klarifizéiert ginn, well hei gëtt se jo liicht anescht wéi am Spidol, soudatt eeben do och muss kloer sinn, wie responsabel ass fir wat a wie wellech Aarbecht muss maachen.

Déi sechst Remark ass déi vum elektronische Patientendossier. Dat muss klappen, soss geet et net, dat soen ech net nach eng Kiier.

An déi siwent, déi mer awer grad esou wichteg ass, dat ass: Wann een eng Hospitalisation à domicile organiséiert, da muss et och sënnavoll a kloer sinn, datt d'Famill an déi Hospitalisation mat abezu gëtt an datt am Fong d'Spidol hei och eng gewësse Responsabilitéit huet, fir der Famill déi noutwendeg edukativ Basis ze ginn, fir datt si och hiren Deel vum Traitement ka korrekt maachen. Och dat ass eng schwéier Tâche, mee ech mengen, déi ass noutwendeg.

Schlussendlech an als lescht Remark wëll ech soen, datt déi grouss Ännerungen an der Medezinn, déi imminent bevirstinn, natierlech och en Aschlag an d'Formatiounen hunn, déi musse adaptéiert ginn. Ech ginn elo net dorop an, dat musse mer an enger anerer Diskussioun maachen, mee ech mengen, datt ee sech



muss bewusst sinn, datt d'Telemedezinn, d'Hospitalisation à domicile, d'Maison-médicallan an d'Centre pluridisciplinair deen deelweis méi Responsabilitéit notament vum Infirmière wäerte froen. Dofir steet eng Redefinition vum den Tächen a vun den autorisierte Geste schonn um Programm, zumindest eng Reflexioun doriwwer, also och Changementer schlussendlich an héchstwahrscheinlech an der Formation vum deene Beruffer.

Als Konklusioun wëll ech soen, datt mer haut keng Motioun wollten hannerleeën. Mir haten am Ufank wëlle, dat ze maachen, mee eis Reflexioun ass du weidergaangen a mir soen: Well de Gesondheetsdësch nach amgaang ass, wëlle mer net an deem Kontext haut hei Neel festschloen! Mee mir hu just fonnt, datt et wichteg war, hei an der Chamber déi Diskussioun ze féieren, well d'Chamber am Fong an eisen Aen och e Partner ass fir un deen Dësch, wou se awer net sëtzt – dat ass esou! –, mee datt et awer net onwichtig ass, datt ka gewosst sinn, wat fir eng Positiounen hei, zumindest zu dësem Zäitpunkt, expriméiert ginn, an datt deem och op deem Dësch ka Rechnung gedroe ginn.

Dofir hunn ech och haut a verschiddene Punkte Kloertext geschwat, fir datt eis Meenung och soll kloer an däitlech sinn. Fir eis sinn déi Developpementer hei Zukunftsdeveloppementer vum der Medezinn. Mir stellen haut fest, datt mer am Ambulatoire nach net do sinn, wou mer sollte sinn. Mir hunn nach konzeptuell Aarbecht ze maachen, legislativ Aarbecht ze maachen, technesch Aarbecht ze maachen, Ëmsetzungsaarbecht ze maachen. Et ass en enorme Chantier. Et si momentan vill Retarden do an an eisen Ae gëtt et keng Excuse méi, fir et net direkt unzepakten.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci dem honorabelen Här Wiseler.

Déi éischt ageschriwwen Riednerin ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, d'Covidkris huet eise Gesondheetssystem op d'Prouf gestallt. Am März 2020 hat eis Regierung keen anere Choix, wéi den État de crise auserufen. De komplette Lockdown huet deemools eng éischt Well un Infektiounen age-dämmt an esou eng Iwwerlaaschtung vum eisem Gesondheetssystem verhënnert. Fir d'Covidpatienten am Spidol ze traitéieren a gläichzäitig aner Patient virun enger Infektioun ze schützen, goufe vill Traitementer ofgesot oder verréckelt, fir genuch Better fräizehalen an d'Personal nei andeelen ze kënnen.

Dëst war néideg, well et an eise Spideeler engersäits schwierig ass, verschidde Fluxe vuneneen ze trennen, anerersäits ass eise Gesondheetssystem staark op Aktivitéiten an de Spideeler fokusséiert, obwuel et hautdesdaags aner Méiglechkeete géif ginn an eng ganz Rei vu medezinneschen Agrëffer an Ënnersichungen am Extrahospitalier kéinte gemaach ginn.

A villen anere Länner ass et schonn zanter laangem Usus, dass en IRM, eng Mammografie, eng Gastroskopie, mee awer och kleng chirurgesch Agrëffer wéi eng Arthroskopie vum Knéi oder en Traitement vu Varicen och ausserhalb vum de Spideeler gemaach ginn.

Hei zu Lëtzebuerg hänke mer dëser Entwécklung nach hannendrun. Jo, eise Gesondheetssystem ass performant. Mir mussen awer och de Constat

maachen, dass eise Gesondheetssystem dach vereelt ass an och net méi enger moderner Gesondheitsversuergung entsprécht.

Och hei zu Lëtzebuerg brauche mer Alternativen zur traditioneller Hospitalisation, e System, dee sech eeben net méi ganz op d'Spidol fokusséiert.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | De Virage ambulatoire setzt genee hei un a kann a soll dem Patient och weiderhin déi selwecht qualitativ héichwäerteg Versuergung garantéieren.

Kolleginnen a Kollegen, am Spidol schwätzt een haaptsächlech vu Chirurgie ambulatoire a versteet dorënner eng Hospitalisation no engem chirurgeschem Agrëff, deen normalerweis manner wéi zweielef Stonnen dauert a keng Iwwernuechtung verlaangt. De Patient kritt also déi beschtméiglech Behandlung, muss awer nom Agrëff manner Zäit am Spidol verbréngen a kann éischter heemgoen. De medezinnesche Fortschritt mécht dat méiglech. Vill Agrëffer sinn haut vill manner invasiv, wéi dat nach viru Jore war. Dowéinst brauche Wonnen net méi esou laang fir ze heelen an de Patient muss manner laang fir déi postoperativ Iwwerwaachung am Spidol bleiwen.

De Plan hospitalier vum der Regierung gesäit da bis elo och haaptsächlech dës Chirurgie ambulatoire vir. D'Verkierzung vum Openthalt bedeit e méi grouse Confort fir de Patient. Et läit ee jo och am Prinzip léiwer doheim am Bett wéi an engem Spidolszëmmer.

An och fir d'Spidol an d'Personal ass et vu Virdeel. Et bleiwen nämlech méi Better fräi fir Patienten, déi se méi néideg brauchen, an et bleift och méi Zäit, fir sech ëm dës Patienten ze këmmen.

Wéi wichteg et ass, genuch Capacitéiten an de Spideeler ze hunn, huet eis d'Pandemie nach emol bewosst gemaach. Mee och ouni dës sanitär Kris hätte mir de Wee vun der ambulanter Medezinn konsequent misse weidergoen. Eis Demografie ass am Wandel, eis Bevëlkerung wiest a gëtt ëmmer méi al. Mir hunn och ëmmer méi Frontalieren, déi mir bei eiser Gesondheitsversuergung consideréiere mussen. A mir wëssen alleguer, dass mir am Gesondheitssektor mat engem Personalmangel konfrontéiert sinn, deen an den nächste Joren nach méi akut wäert ginn. Dat huet den ausféierleche Rapport vum der Madamm Marie-Lise Lair, dee mir jo all kennen, erginn.

Dowéinst mussen mir elo laangfristeg Perspektive fir e resilienten a qualitativ héichwäerteg Gesondheetssystem schafen. De Virage ambulatoire dierf sech deemno net eleng op d'Chirurgie innerhalb vum Spidol beschränken. Do, wou et méiglech ass, muss de Sektour extrahospitalier méi agebonne ginn. Dezentraliséiert a méi kleng extern Strukturen kënnen d'Spideeler entlaaschten an zu enger besserer Komplementaritéit vum eisem Gesondheetssystem bäidroen, andeems si méi liicht Agrëffer iwwerhuele wéi Operatiounen u Varicen oder Katarakten, während d'Spideeler sech op héich spezialiséiert Agrëffer konzentréieren, déi just an hire Strukturen duerchgefouert kënnen ginn. Ech denken do zum Beispill u komplizéiert Operatiounen um Häerz.

Esou extern Strukturen kënnen Centres médicaux pluridisciplinaires oder Gruppepraxisse vum Dokteren an anere Gesondheitsberuffer sinn. Wichteg ass, dass sech dës Strukturen och uechtert d'Land verdeele kënnen, wat mat méi klengen Strukturen sécher och méi einfach ass.

Esou kéinte mir virun allem och am ländleche Raum zu enger besserer Erreechbarkeit vum der Gesondheitsversuergung fir jiddere baidroen. Wann dës Strukturen da weekends oder iwwert d'Nuecht och

Garden ubidden, kënnen mir de Patient laang Deplacementer bis an dat nächst Spidol oder bis an déi nächst Maison médicale och erspueren.

Iwwerhaupt sollten och weider Maison-médicallan am Land derbäikommen, notament am Oste vum Land. Eng Maison médicale fir d'Pédiatrie, eng Iddi, déi den André Bauler an ech an enger Question parlementaire opgeworf hunn, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | ... déi den Norden an Deeler vum Oste bedénge kéint, ass eng weider Pist, fir Kanner a Jugendlechen aus de ländleche Regiounen eng besser Gesondheitsversuergung ze bidden.

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Madamm Hartmann, den Här Gloden wollt Iech eng Fro stellen.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | A lass!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Madamm Hartmann. Ech ënnerschreien 200 % dat, wat Der sot. Dir hutt jo elo viru Kuerzem d'medezinnesch Versuergung am Oste fir Iech entdeckt. Ech erënnere just drun: Säit ech an der Chamber sinn, hunn ech sécher eng 20 Question-parlementairen zur medezinnescher Versuergung am Oste gestallt, zum Deel mat de Kollegen. An d'DP war ëmmer, ëmmer dogéint! An Dir hat och de Gesondheitsminister. Dee war ëmmer dergéint, datt Maison-médicallan an extrahospitaliär Ariichtunge géifen am Osten ageriicht ginn.

Verstinn ech dat elo als e Sinneswandel bei der DP, datt se elo op en anere Wee ginn, datt se elo endlech d'Iddi vum der CSV ophuelen?

Merci.

**M. Gilles Baum** (DP) | Mir haten de Gesondheitsminister bis 2004, dat ass 18 Joer hier, also come on, e bësse Political Fairness hei an der Debatt wär awer net verkéiert!

**M. Léon Gloden** (CSV) | 2009 nach, Dir hutt 2009, 2010, 2011 nach géint Resolutiounen do gestëmmt.

(Brouhaha)

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Ech wëll just soen, 2004 sinn et nach keng Maison-médicallan ginn.

(Brouhaha)

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Madamm Hartmann.

(Coups de cloche de la présidence)

**Une voix** | Kënnen mer weiderfueren?

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Madamm Hartmann, wannechgelift.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Also Här Gloden, ech si frou, dass ech am Haut an Elo liewen an dass ech zesumme mat menge Kollegen d'Meenung verrieden, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | ... déi ech elo grad gesot hunn an dass mir haut eis derfir staark maachen, dass och Maison-médicallan méi am ländleche Raum, an notament am Osten an am Norden, sollen installéiert ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler** (DP) | Konsequent.

(Brouhaha)

**Mme Carole Hartmann** (DP) | A lass. Mee och hybrid Strukturen wéi ambulant Klinicke wieren eng Méiglechkeet. Si kéinten zum Beispill vum enger Dokteschociétéit geréiert ginn, hätten awer gläichzäitig e Lien mat engem Spidol.



Stéchwuert Dokteschsociétéiten: Och op dësem Punkt hänke mir als Land nach ëmmer hannendrun. D'AMMD freet scho méi laang, dass d'Doktere sech missten a Sociétéite kënnen zesummeschleissen an dass dofir e gesetzleche Kader misst geschafft ginn. D'Gesondheetsministesch huet dozou Enn d'Iescht Joer schonn een Avant-projet de loi op de Wee bruecht. De gesetzleche Kader ass néideg op dësem Punkt, fir dass d'Dokteren oder anert Gesondheetspersonal d'Fraise fir Loyerer, Ekipementer a Personal och kënnen opdeelen.

Esou eng ambulant Struktur mat engem Lien zu engem Spidol ass net nëmme vu Virdeel fir de Patient, dee vun esou enger Struktur eng gewëssen Neutralitéit erwaarde kann, et géif och bedeuten, dass d'Infirmieren an d'Infirmièren ënnert de Kollektivvertrag vun de Spideeler fale kéinten. Fir si géif sech also näischt un hirer Situatioun änneren.

D'Dokteschsociétéit sollt ausserdeem – an dat ass och ganz wichteg – just aus Doktere bestoen, déi och an der jeeweileger Struktur exercéieren. Esou kéinte mer evitéieren, dass Sociétéite mat rengem Profitgedanke sech hei am Land géifen installéieren.

Léif alleguer, e wichtegen, wann net deen allerwichtigste Rôle spille weiderhin d'Soins primaires. Ëmmer nees ass et de Constat, dass eis Urgencen an de Spideeler weinst medezinnesche Problemer opgesicht ginn, déi net dohi gehéieren. Dat féiert net nëmme zu onnéideg laange Waardezäiten, mee och zu enger Iwwerforderung vum Personal, dat an der Urgence scho mat genuch Stress konfrontéiert ass. Hei muss jidderee vun eis de Reflex hunn, fir d'éischt bei e Generalist ze goen, wa s'äi gesondheetleche Problem keen Noutfall ass. Den Hausdokter oder eng Maison médicale sinn a bleiwen hei déi éischt Ulaftell.

Dat setzt natierlech sengersäits viraus, dass genuch Doktere sech hei am Land installéieren. Dat ass net ëmmer ganz einfach, ënner anerem weinst de Logementspräisser, déi et virun allem jonken Doktere schwéier maachen, eng eege Praxis opzebauen. Ëmmer nees schlësse sech dowéinst och Dokteren zesummen a leede gemeinsam eng Praxis. Dat ass och vu Virdeel fir de Patient, well de Cabinet esou ëmmer besat ass, awer och fir d'Dokteren, déi hautdesdaags och méi op d'Work-Life-Balance kucken, wéi dat fréier de Fall war.

Ass de Cabinet dann och nach pluridisziplinär opgestallt, da kënnen Patienten innerhalb vum Cabinet zum Beispill e Kiné, eng Hiewamm oder soss e Spezialist besichen. Esou pluridisziplinär Gruppepraxisse sollten an eisen Aen och méi geféiert ginn, andeems se vun där selwechter finanzieller Hëllef bei der Installatioun vum Cabinet profitéieren, wéi dat aktuell fir d'Zesummeschlëss vun de Generaliste virgesinn ass.

Här President, ech hunn et virdru scho gesot: Et gétt scho vill Agrëffer, déi dank dem medezinnesche Fortschritt net nëmme e verkierzten Openthalt am Spidol erméiglechen, mee och ausserhalb vun de Spideeler kënnen duerchgefouert ginn, och en ORM oder en CT-Scanner gehéieren do derzou.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Et geet effektiv net nëmme dorëms, mee et geet awer och ëm dëse Sujet.

Dat Urteel, wat schonn ugeschwat ginn ass, vun 2019 vum Verfassungsgericht, huet do an eisen Aen eng kloer Sprooch geschwat. Dëst Urteel huet zréckbehalen, dass et verfassungsrechtlech net konform ass, verschidde medezinnesch Ekipementer nëmme de Spideeler virzebehalen, well dat verhënnert, dass d'Dokteren hire Beruff fräi ausübe kënnen.

Lëtzebuerg ass am Verglach mat Frankräich, Däitschland, Holland, der Belsch an der Schwäiz dat eenzeg Land, wat zum Beispill keen CT-Scanner am Extrahospitalier huet. An Däitschland an a Frankräich gétt et iwwer 50 % vun den IRMen am Extrahospitalier.

Um Potaschbiere ass rezent e Radiologieszenter mat Scanner an ORM opgaangen, deen zu enger besserer medezinnescher Versuergung vum Oste vum Land bäidréit.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Eenzege Problem: Anescht wéi en ORM am Spidol gétt den ORM zu Gréiwemaacher net vun der CNS rembourséiert, well et dofir nach keng Tariffer an der Nomenclature gétt. Op dësem Punkt muss also och nogebessert ginn.

(Brouhaha)

**M. Léon Gloden** (CSV) | Dee fonctionéiert nach net.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Aktuell férdere mir ... A, ech hu gemengt, e wier schonn op. An der Rei.

**M. Léon Gloden** (CSV) | E steet geschwënn.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Aktuell férdere mir, an dat ass och scho gesot ginn, nämlech indirekt eng Zwouklassemdezinn. Wie sech et leeschte kann, dee geet fir en ORM bis op Tréier, déi aner, déi waarden hei am Land, bis se am Spidol dann e Rendez-vous kréien. Fir deem entgéintzewierken, brauche mir dofir och fir den Extrahospitalier déi néideg Tariffer. Hei geet et schlisslech och, an dat ass wichteg, ëm sozial Gerechtegkeet.

Eng méi grouss Offer u medezinneschen Ekipementer am Extrahospitalier ass am Interêt vum Patient. Eng besser Disponibilitéit, Erreechbarkeet a verkierzt Waardezäite bedeuten e Plus u Confort an dat ouni Verloscht vun der Qualitéit vu Gesondheetssevicen. D'Decisioun, fir ambulant oder am Spidol behandelt ze ginn, soll dobäi weiderhin d'Decisioun vum Patient bleiwen, e Choix, deen de Patient zesumme mat sengem Dokter soll huelen an deen net op finanziellen Incitante baséiert.

Mee mir mussen bei der Reform vun eisem Gesondheetssystem nach méi wäit goen. Am Sënn vu méi Confort sollten och postoperativ Ënnersichungen doheem gemaach kënnen ginn, engersäits fir méi Better an de Spideeler fräizehalen an d'Käschte vun der Prise en charge ze reduzéieren, anerersäits, fir dem Patient e laangen Openthalt am Spidol oder vill Deplacementer dohin ze erspieren. Normalerweis spiert ee sech jo doheem och besser, well een do a sengem gewinnnten Ëmfeld ass. Dat bedeit net nëmme manner Stress fir de Patient, wat wichteg ass fir seng Erhuelung, mee och de Risiko vun eventuell nosokomialen Infektiounen gétt doduerch och weider verringert.

D'COPAS huet eng ausféierlech Propos zu der Hospitalisation à domicile, kuerz HAD, ausgeschafft. Dës geet méi wäit wéi den normale Soins à domicile. D'Hospitalisation à domicile verlaangt eng méi intensiv Surveillance an et gi méi Parametere kontrolléiert. Dat mécht se méi komplex an oft och méi multidisziplinär.

Et ass dowéinst virun allem wichteg, dass d'Zesummenaarbecht tëschent de Spideeler, de Réseaux de soins, den Alters- a Flegeheemer an de liberale Gesondheetsberuffer optiméiert gétt. Nëmme da kënnen d'Fluxe vun de Patienten verbessert an d'Sécherheet vun hinnen och garantéiert ginn. Dat verlaangt awer e grouss Mooss u Flexibilitéit a Koordination vun dësen Servicen. Nieft dem Personal, dat sech deplacéiere muss, fir postoperativ Ënnersichungen bei de Leit doheem ze maachen, muss dat néidegt medezinnesch

Material wéi och d'Medikamenter de Patienten doheem zur Verfügung gestallt ginn, déi aktuell nach eise Spideeler virbehalen sinn.

D'Hospitalisation à domicile ass awer vläicht och net fir jiddereen eng Optioun. E Patient, dee léiwer am Spidol behandelt wëllt ginn, soll dat dofir och weiderhi kënnen maachen. D'Gesprécher tëschent Dokter a Patient virun enger medezinnescher Interventioun ginn an dësem Fall nach méi wichteg a mussen d'Sueren an d'Wënsch vun de Patienten consideréieren.

D'Demokratesch Partei wëllt all de Bierger eng qualitativ héichwäerteg a sécher Offer u Gesondheetssevicen zur Verfügung stellen, aus deene si fräi wéile kënnen. D'Leit mussen sech kënnen sécher sinn, dass de Virage ambulatoire net manner Qualitéit a manner Sécherheet vun de Soins bedeit, ganz am Géigendeel. D'Zil ass et, de Patienten méi Confort an Autonomie bei gleichbleiwender Qualitéit ze bidden.

Kolleginnen a Kollegen, fir déi bescht Gesondheetsversuergung ze erméiglechen, mussen mir awer och d'Digitaliséierung an dësem Secteur virundreiwen. D'Telemedezinn ass hei e Stéchwuert. An der Kris hunn d'Teleconsultatiounen schonn hir Plus-value gewisen, fir zum Beispill voll Waardesäll vun Hausdokteren ze evitéieren, wou den Infektiounsrisiko deementsprechend héich gewiescht wier.

Ma natierlech kënnen d'Teleconsultatiounen net all Visitt beim Dokter ersetzen, an dat solle se och net. Mee et ginn awer duerchaus Situatiounen, wou dës zum Asaz kënnen kommen, zum Beispill bei der Hospitalisation à domicile fir de Suivi vum Patient mam Spezialist an/oder mam Generalist.

D'Telesurveillance bitt och ganz nei Méiglechkeeten. D'Charité zu Berlin huet zum Beispill en Zentrum fir kardiovaskulär Telemedezinn. Do ginn d'Vital- an d'Kierperwärter vu ronn 300 Patienten iwwerwaacht. D'Patienten kontrolléieren sech all Dag selwer doheem. Si ginn op engem Tablet Gewicht, Blutdruck a Sauerstoff un a beäntweren e puer Froen zu hirem allgemenge Befinden. Dat dauert ronn sechs Minutten. De Computer filtert dann déi Patienten eraus, wou Opfällgekeete bestinn an d'Doktere kënnen dann déi concernéiert Patienten kontaktéieren.

An enger Etüd konnt nogewise ginn, dass d'medezinnesch Ferniwwerwaachung d'Stierflechkeet ëm 20 % an d'Hospitalisationen ëm 30 % reduzéiert huet. Bei der Hospitalisation à domicile sollt een dowéinst onbedéngt och d'Telesurveillance mat implementéieren.

Och ePrescriptiounen kënnen onnéideg Deplacementer erspieren, well net fir all Ordonnance, virun allem wann een zënter Joren ëmmer dat selwecht Medikament hëlt, onbedéngt eng physisch Visitt beim Dokter néideg ass. D'Antibabypëll ass do ee gutt Beispill. D'Doktere kéinten eng Prescriptioun also direkt un de Patient oder un déi gewënschen Apdikter schécken. Dat spuert Pabeier an Zäit. An Däitschland sollen d'ePrescriptiounen iwwerengs ab dësem Joer schonns zur Reegel ginn.

A Frankräich kënnen zënter kuerzem och Apdikter selwer Ordonnancé verlängeren, mam Accord vum Hausdokter, wann et sech zum Beispill ëm Patienten mat chronischen Erkrankungen handelt, déi ëmmer nees dat selwecht Medikament verschriwwen kréien. Dat wier eng weider Pist, déi ee consideréiere kéint, fir Hausdokteren ze entlaaschten.

Wat d'Apdikte betrëfft, solle mir eis e weidert Beispill um Ausland huelen. Do ginn et nämlech sougenannt automatiséiert Apdikten. Iwwer een Automat, dee baussen ubruecht ass, kann ee verschidde rezeptfräi Medikamenter siche goen – och weekends an nuets.



Mat aktuell nëmmen zéng Apdikten, déi hei am Land Gard hunn, mussen sech d'Leit oft onnéideg wäit bis an déi nächst Apdikt deplacéieren. D'Automatiséierung kéint dës Problem léisen.

Vläicht wäert et an Zukunft och méiglech sinn, mam Fortschreide vun der Digitaliséierung, de Bierger eng digital Gesondheetskaart zur Verfügung ze stellen. Da kéint ee souguer aner Medikamenter, och verschreibungspflichteger, an esou Automaten ubidden.

Ausserdeem sollt bei all Maison médicale, oder an der Géigend zumindest, och eng Apdikt sinn, déi zu all Moment zougänglech ass, fir dass ee säi Medikament direkt op der Plaz ka siche goen. Net jidderee kann nämlech op een Auto zrëckgräifen. Virun allem kranke Leit soll een Émweeër bei der Gesondheetsversuergung nämlech erspueren.

Här President, fir de Virage ambulatoire esou effikass wéi méiglech ëmzesetzen, muss och den Dossier de soins partagé vu Patienten a Gesondheetspersonal konsequent genotzt ginn. Aktuellen Zuele vu Juli 2021 no, gi vun 925.000 DSPen aktuell 150.000 reegelméisseg genotzt. Dat stëmmt positiv, kéint awer duerch nach verbessert ginn.

Et ass nämlech extreem wichteg, dass all déi concernéiert Acteuren déi néideg Donnéeën hunn, fir eng sécher Behandlung vum Patient garantéieren ze kënnen. Een effikassen Informationsaustausch ass onbedéngt noutwendeg, wann d'Zesummenaarbecht bei der Versuergung fonctionéiere soll.

Natierlech wäert den Interessi um DSP wuessen, wann nach méi Dokumenter gespäichert kënnen ginn. Dat ass an der Maach. A mir hoffen, dass dat och méiglechst séier wäert méiglech ginn; geneesou wéi déi geplangten App fir de Smartphone, déi den Zougrëff nach méi kamoud soll maachen.

D'FHL huet an hirem Avis och d'Benotze vu sougenannte Gesondheetsapps opgegraff, zum Beispill am Kader vun der Hospitalisation à domicile, déi den Auto-suivi vun de Patienten doheem an esou och d'Telesurveillance erméigleche kéinten.

Ech hat selwer am November 2019 eng parlamentaresch Fro zu dësem Sujet gestallt, well an Däitschland verschidde Gesondheetsappe vun der Krankekeess rembourséiert ginn.

Een éischte wichteg Schratt gouf jo och beim Remboursement vun Dokteschrechnunge geholl. D'Gesondheetsapp vun der AMMD an eng App vun der CNS sinn aktuell verfügbar, mat deenen ee Rechnungen elektronesch un d'CNS verschécke kann. Ma dës Applikatiounen sinn nach an der Ufanksphas an et gëtt deelweis nach Schwierigkeiten ze behiwwen, zum Beispill beim Login, bei de Sproochen a virun allem bei der Vernetzung mat den Dokteren.

Den Interessi bei den Doktere schéngt trotzdem grouss ze sinn. 250 hate sech nämlech fir e Seminär ageschriwwen, dee vun der AMMD zum Sujet organiséiert gouf. Och d'Doktere gesinn also d'Virdeeler vun der Digitaliséierung, déi virun allem manner administrativen Opwand bedeit. An dat kënnst och de Patienten an och der Krankekeess zegutt.

Wann ech richteg informéiert sinn, dann ass jo och geplangt, dass den DSP an d'CNS-App soll integréiert ginn. Appen hunn de Virdeel, dass se oft intuitiv konzipéiert an einfach am Gebrauch sinn. Aktuell ass den DSP nach net esou benotzerfrëndlech. Wann hei méi Efforte gemaach ginn, da ginn och Patienten ewéi och d'Gesondheetspersonal motivéiert, fir den DSP och konsequent ze notzen.

Här President, et stellt sech natierlech och d'Fro, wéi de Finanzement vum Zesummespill Hospitalier/

Extrahospitalier soll ausgesinn. Eent ass hei kloer: Mir müssen eis Nomenclature upassen, wann de Virage ambulatoire verstärkt soll genotzt ginn. D'Prozeduren, fir nei Akten an d'Nomenclature opzehuelen, sinn awer aktuell nach ze laang. Do muss eppes geschéien, wa mer gären hätten, dass de medezinesche Fortschritt bei den Traitementen vun de Patienten net ze kuerz komme soll.

Et kéint ee sech do als Lëtzebuerg zum Beispill um Schwäizer Modell orientéieren, wéi dat ënner anerem vun der UEL an hirem Avis proposéiert ginn ass. De Mënsch muss bei politeschen Decisiounen ëmmer am Mëttelpunkt stoen.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Carole Hartmann (DP) |** Et ass eis Aufgab, seng Rechter, Fräiheeten a Sécherheet ze garantéieren. Bei der Moderniséierung vum Gesondheetssystem mussen mir eis dowéinst ëmmer froen, wat am Sënn vum Patient ass.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Carole Hartmann (DP) |** Am Sënn vum Patient ass eng global geduechte Prise en charge, déi Preventioun, Fleg a Suivi matenee verbënnt an déi fir jiddereen accessibel an abordable ass. Dofir mussen mir de Secteur hospitalier an de Secteur extrahospitalier zesummebréngen an net géinteneen ausspillen. Kee Secteur soll deem aneren eppes ewechhuelen, mee zesummen de Patienten eng effikass Continuité des soins garantéieren.

Eng Rei Froe sinn nach ze klären an et wäerten nach esou munch Erausforderungen op eise Gesondheetssystem duerkommen. Vill Kompromësser ginn och verlaangt. Trotzdeem sinn ech iwwerzeegt, dass de Virage ambulatoire ee wichteg Bestanddeel vun enger moderner Gesondheetsversuergung ass, déi absolut am Sënn vum dem Patient ass.

Ech sinn domat um Enn vu menger Interventioun, soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet an de Kollegen an der Fraktioun, déi mat un dësem Sujet vill a gutt geschafft hunn, e grouse Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Marc Spautz, Président de séance |** Merci der honorabler Madamm Hartmann. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) |** Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Kolleginnen a Kollegen, dass eise Gesondheetssystem definitiv ee vun deene wichtegste Piliere vun eiser Gesellschaft ass, huet en an deene leschten zwee Joer méi wéi bewisen. Et ware schwéier Zäite fir eis, mee virun allem och fir all déi, déi fir eis Gesondheet suergen a geschafft hunn. Si hunn eng formidabel Aarbecht geleescht, an dofir hinnen e ganz grouse Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) |** Déi Gesondheetskris huet d'Stärkte vun eisem solidaresche Gesondheetssystem gewisen, awer och déi Beräicher, wou mer nach müssen dru schaffen.

Déi haiteg Orientéierungsdebatt, déi vun de Kollege vun der CSV gefrot ginn ass, hu mer an der Santéskommissioun dofir ganz gutt virbereet. Mir hunn déi Acteuren aus dem Gesondheetswiesem, déi och och mat um Gesondheetsdësch setzen, ëm hir Iwwerleeunge gebieden an eng Dokumentatioun vun ronn 400 Säiten zesummegedroen. Merci all deenen, déi bei där Consultatioun matgemaach hunn.

Mat där Debatt vun haut wëlle mir keen double Emploi mam Gesondheetsdësch maachen, dee mer

als Chamber begleeden an ergänze wëllen. Dofir ass och vun eis deemnächst erëm en Hearing geplangt mat Sujeten, déi vläicht net esou am Fokus vum Gesondheetsdësch stinn. Mee dat ass déi nächst Etapp.

Wa mer elo eng Diskussioun iwwert d'Entwécklung an d'Erausforderungen vun eisem Gesondheetssystem féieren, dann ass et nützlich kloerzemaachen, wat mer eis vun deem enorm wichtige Secteur erwaarden, wat mer onbedéngt wëllen a müssen halen a wou mer dru schaffen müssen. Dofir ass et mir wichteg, fir d'éischt op déi Wäerter, déi d'LSAP vertritt, anzegoen.

Op Basis vun deene Wäerter gi mir och d'Fro vun der weiderer Entwécklung vum ambulante Secteur un.

Dat ass, éischstens, den universellen Zougang zu der Fleg. An deem Zesummenhang sinn ech frou, dass d'Regierung kierzlech e weidere Schrëtt zu deem allgemengen Zougang fir Leit, déi net oder nach net krankeverséichert sinn, gemaach huet. Dat si mir all deene schëlleg, deenen et net esou gutt geet.

Zweetens ass d'Garantéiere vun héichqualitative Gesondheetsleeschtungen, egal ob een aarm oder räich ass, ob mat oder ouni Zousatzverséicherung, fir eis enorm wichteg. Dat ass e fundamentale Prinzip, dee mer, wa mir vum Santésecteur schwätzen, ëmmer am Hannerkapp mussen behalen. Eng Zwouklassesmedezinn, wéi mer se op ville Plazen am Ausland kënnen gesinn, well do ouni Nuancé liberaliséiert ginn ass, ass fir eis en No-Go.

E Santéssystem, deem säi Finanzement weiderhin op der Solidaritéit an op dem obligatoresche Konventionnement mat kloer gereegelten Tariffer opgebaut ass, ass enorm wichteg. Dat ass fir eis als LSAP eng Selbstverständlechkeet; fir vill heibannen och. Mee et ass awer och gutt, heiansdo dorunner ze erënnern.

Dann eng komplett Gesondheets-Prise-en-charge vun der Gebuert u bis déi lescht Stonne vum Liewen. Ech ka mech nach erënnern un dee Begrëff, deen emol an de 70er-Jore gepräagt ginn ass: „von der Wiege bis zur Bahre“.

Dat sinn eis Grondsätz an dëser Fro, eis rout Linnen. An déi sinn net verhandelbar!

Wichteg ass doniewent, dass mer eis bei all Diskussioun iwwer zukünftige Entwécklungen op belaauschtbar Donnéeën kënnen verlossen. Dobäi ass eng ëmmer erëm aktualiséiert Carte sanitaire fir de gesamte Santéberäich mat Hëllef vun enger staarker Informatik, mat Hëllef vun der Agence eSanté, mat Hëllef vum Observatoire de la santé essenziell. Mee do schaffen mer drun an do hu mer eis d'Instrumenter ginn, fir déi Carte sanitaire zäitno ëmmer op deem aktuellste Stand ze halen. Dat brauch een, fir anstänneg kënnen un engem Gesondheetssystem ze planen. Dat mécht een net aus dem Bauch eraus.

Eis Entscheedungen solle sech op reell Besoinen um regionale Plang no bei de Leit, opgrond vun dem zäitnoen Zougang – also och opgrond vu méi oder manner laange Waardezäiten; wann déi excessiv sinn, da muss een handeln –, dem medezinesche Fortschritt, dem gudden Asaz/Asetze vum Personal, dat jo net onendlech zur Verfügung steet, awer och insgesamt dem Asaz vun net limitéierte Mëttelen. Dono mussen mer eis orientéieren a mir müssen och, méi wéi an der Vergaangenheet, all dat, wat mer maachen, evaluéieren, zum Beispill eis vill Aktiounspläng, déi mer hunn – gutt Aktiounspläng, déi mer hunn! –, Aktiounspläng, déi eis och weiderbruecht hunn, reegelméisseg evaluéieren an och ergänzen.

Mir begrëssen ausdrécklech, dass d'Regierung dee Wee a Richtung nationale Gesondheetsplang, wéi



schon ugefaangen enner hire Virgänger, resolut weidergeet. Do derbäi kënnt d'Noutwendegkeet, onafhängeg vum Virage ambulatoire, deen haut am Zentrum ass, eng Rei Elementer vun eiser Gesondheetspolitik ze stäerken. Ech denken do virun allem un déi verschidde Preventiounspolitikken an un d'Fréierkennung vu Krankheeten.

Dat sinn zwee Elementer, déi mussen nach méi zentral ginn, a wou mer all Acteure brauchen – virun allem awer och eis Gesondheetskeess, déi an deem dote Beräich awer nach e bëssen ze diskreet operéiert –, souwéi och d'Férdere vun engem méi gesonde Liwensstil; wat méi einfach gesot ass wéi gemaach, mee och fundamental wichteg ass. Ech huelen nëmmen als Beispill den Tabakskonsum, deen no deene Gesetzer, déi mer virun zéng Joer geholl hunn, drastesch erofgaangen ass – elo an deene leschten zwee Joer erëm ganz drastesch, virun allem bei deene Jonken, an d'Luucht gaangen ass, besonnesch och während der Pandemieszäit. An och de steigenden Alkoholkonsum.

Dann zwee weider Elementer, déi ech virausschécke wëll:

A puncto Prise en charge vum Patient, muss déi sougenannt „Primärmedezinn“ gestärkt ginn. D'Generalisten an d'Kannerdokteren, eng Rei vun ASBL sinn déi éischt Usprechpartner vun engem Mënsch, wann e krank ass – Stéchwuert: „Vertrauensdokter/Hausdokter“. Dat ass e Konzept, dat an eisen Aen net genuch geféiert ginn ass; net vusäite vun der Regierung, well d'Regierung wollt dat, mee doduerch, dass Streckeweis och Sozialpartner sech an enger CNS net eens waren, wéi wichteg dass e Vertrauensdokter, en Hausdokter, e Médecin référent kann als Guide – net als Gatekeeper, mee als Guide – an engem komplexe Gesondheetssystem sinn, fir derfir ze suergen, dass de Patient jiddwer Zäit op déi richteg Plaz kënnt.

**Une voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Mir stinn do ganz kloer hannendrun. Et war a bleift en zentrale Piliere vun der Gesondheetsreform vun 2010. Et ass den Hausdokter, deen de Patient a senger Ganzheet, a sengem Ëmfeld am beschte kennt, souwuel wat dat Gesondheetlecht wéi dat Sozialt betriift. Dat gëllt selbsterständlech och fir d'Kannerdokteren.

Do derniewent muss och d'Santé mentale méi en héije Stellenwert kréien. Ech wëll do net soen, dass an deene leschten 20 Joer net vill geschitt ass. Mir si vun deem asylären an eng dezentral Psychiatrie, och eng Psychiatrie no bei de Leit, iwwergaangen. Mee – mee! – mir mussen elo, an d'Zäit ass komm, evaluéieren, wat déi Reformen u sech bruecht hunn a wéi mer weider mussen fueren.

D'Pandemie an déi Rapporten, zum Beispill iwwert d'Wuelbefanne vun de Kanner wéi d'Covid-Kids-Etuden, hunn eis gewisen, dass mir dat Theema erëm ganz uewen op d'Agenda mussen huelen. An ech géif suggeréieren, dass mer nom Modell vum Häfner-Rapport an den 90er-Joren, Rössler-Rapport an deene Joren ab 2004 en neie Bilan zéien an dann déi nächst Etapp an der Reform vun der Psychiatrie, och mat engem Schwéierpunkt op der Psychiatrie de proximité, der Santé mentale de proximité, leeën.

Eng wichteg Roll huet hei och déi bewäerte Psychiatrieplattform, wou et wichteg wär, dass déi erëm an enger grousser Reegelméissegkeet zesummekéim.

Zu eise Premisse gehéieren och Begrëffer wéi Zesummenaarbecht tësch den eenzelnen Träger, Spezialisierung do, wou se evident ass, Therapiefräiheet, fräie Choix vum Dokter, den obligatoresche Conventionnement – hat ech kuerz schonn erwänt –, d'Brücksichtigung vum medezinnesche Fortschrëtt a last but

not least genuch qualifizéiert Personal mat gudden Aarbechtskonditiounen.

Mat deene Viraussetzung gi mir un d'Fro vum Virage ambulatoire erun. Ee Sujet, deem et elo no zwee Joer Pandemie géllt, nei Impulser ze ginn. Dëst och, well nei technesch Méiglechkeete vusäite vun der Medezinn gi sinn.

Deemno sti mir als LSAP engem Virage ambulatoire an de Spideeler an och am Extrahospitalier, wat de Prinzip ugeet, positiv géintwärt. Dobäi muss den Interêt vum Patient am Mëttelpunkt stoen an net d'kommerziell an d'Partikularinteressen, an net d'Interesse vun enger Rei vu Lobbyen.

**Une voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Nun ass et jo och net esou, dass mer den ambulante Secteur elo eréischt géifen entdecken. Dee gouf et nach ëmmer: Polikliniken, Hausdokteren, Kannerdokteren, Spezialisten, Zäindokteren a vill aner Gesondheetsberuffer. D'Apdikten: no bei de Leit! Den Apdikter: e wichteg Beroder. An ech ka mer net virstellen, dass een den Apdikter duerch esou eppes wéi e Pizzautomat géif ersetzen. Dat kënnt net an d'Këscht! Dat kann net sinn!

*(Interruptions)*

Eng Baguette oder eng Pizza mengetweege kann een nach aus dem Automat huelen, mee da si mer gläich beim DocMorris, wou mer eis mat Hänn a Feiss dergéint gewiert hunn, fir de Beroder Apdikter aus dem Spill erauszehuelen. An, ech mengen, dat war dee richteg Wee!

De medezinnesche Fortschrëtt huet awer och progressiv derzou bäigedroen, dass munches, wat fréier stationär war mat méi oder manner laangen Openthalter an de Spideeler, haut ambulant an de Spideeler an dobause gemaach ka ginn. An do ass sécher nach vill Loft no uewen am Hospitalier an am Extrahospitalier.

Hei dierf et net zu engem Konkurrenzkampf géintene vum Hospitalier an Extrahospitalier kommen, mee zu enger gudder Aufgabendeelung an engem Mateneen. Zil muss et sinn, dass de Patient déi richteg Behandlung zur richteger Zäit op där richteger Plaz kritt. Dat muss d'Zil si vun där Zesummenaarbecht zwëschen deene verschiddenen Acteuren. Och hei wëll ech kloertest schwätzen: Esou mussen mer insgesamt eis Basisversuergung stäerken, doduerch dass mer dësem Fundament vun eise Gesondheetssystem déi Mëttele sécheren, déi gebraucht ginn.

Et ass wichteg, dass eis Spideeler iwwert den Invest an de Budget vun der CNS gutt versuergt ginn. Vergläichbar Efforte sinn awer och an der Basisversuergung noutwendeg. Duerfir plädéiere mir absolut fir en nationale Gesondheetsplang, wou och de Finanzement mat abegraff ass. Dat fänkt bei der Attraktivitéit vum Beruff un, iwwert déi finanziell Ënnerstëtzung bei der Aariichtung vu jonken Hausdokteren, d'zollt Ënnerstëtzung vu Gruppepraxisen, speziell ausgebildete Fleegepersonal, d'Stärkung vum Konzept Referenzdokter mat Ofbau vun iwwerméisseger administrativer Belaaschtung an esou weider.

Da plädéiere mir fir d'Schafung vun enger Division de la médecine primaire an der Santésdirektioun. Ech weess net, wéi et evoluéiert huet, mee ech mengen, zu där Zäit, wou ech et nach iwwerblécke konnt, war dat méi oder manner eng One-Man-Show. An ech mengen awer, dass et wichteg wär, fir déi Divisioun – wann et iwwerhaupt eng Divisioun ass – ze verstärken.

Selbsterständlech gëllen déi Efforten, déi gemaach mussen ginn, och fir Kannerdokteren, wat jo eigentlech d'Generaliste sinn. Et si Spezialisten, mee ech fannen och, dass d'Generaliste Spezialisten an der Allgemengmedezinn sinn an och deen Titel verdéngen, dass d'Kannerdokteren eigentlech Generaliste fir Kanner sinn. Déi selwecht Efforte mussen fir si gemaach ginn.

An hei kann een duerchaus iwwer multidisziplinär Centeren, Centres médicaux fir d'Basisversuergung an d'äitlech erweidert Horairé schwätzen. Net ze verwieselen – an de Kollege Claude Wiseler huet dorop higewisen – mat de regionale Maisons médicales, déi regional Garden an der Allgemengmedezinn iwwerhuelen, well déi Garden zesummegebrach sinn iergendwann virun zéng Joer. Déi Maisons médicales hu sech bewäert, mee et ass awer Zäit, definitiv de Bilan ze maachen a fir eng besser Aufgabendeelung ze suergen tëschent Spideeler, a wat d'Garden an d'Urgencen ugeet, tëschent de Spideeler an de Maisons médicales, déi Garde hunn; a firwat net e gemeinsamen Triage ze maachen a méi eng staark Vernetzung vun deenen zwou Strukturen ze maachen, fir ze verënnern, dass Urgencen iwwerlaf gi mat falschen Urgencen, déi eigentlech bei e Generalist, bei eng Gruppepraxis, wa se op sinn, oder bei eng Maison médicale gehéieren, wa se d'Garde iwwerhuelen.

Fir d'Patiente wéi och fir d'Doktere si Gruppepraxisen oder Centres de médecine primaire oder Centres médicaux – ech schwätzen hei nach net vun deenen Zentren, déi elo op anere Plazen ..., ech schwätzen hei haaptsächlech vun der Primärmedezinn. Ech kommen nach op dat anert zrëck.

Fir d'Patiente wéi och fir d'Doktere si Gruppepraxisen oder Centres de médecine primaire vu Virdeel. Si kënnen zum Beispill d'Laascht vu Garden op méi Schellere verdeelen. D'Bild vum Dokter, deen 80 Stonnen d'Woch schafft an owes nach bei seng Patienten heemfiert, gëtt et haut ëmmer manner, an dat ass och novollzéierbar. Och Dokteren a Leit aus dem Santésecteur iwwerhaapt hu Recht op e Familljeliewen a Fräizäit. An deem Zesummenhang wollt ech op d'Propos agoen, déi d'ANIL, also d'Vertriebung vun den Infirmieren an Infirmiären, gemaach huet. Si hunn an hirem Avis d'Konzept vun der „community nurse“ an d'Spill bruecht, eng Iddi, déi eis sympathesch erschéngt. Dat ass eng Infirmière oder en Infirmier, déi zesumme mam Dokter oder/a Centre-médicall ganz no bei de Leit schafft an den Dokter kann ergänzen.

Dann zu deenen neie Strukturen, wéi se zu Gaasperech, Gréiwemaacher oder Jonglënster geplangt oder an de Startlächer sinn, an der Diskussioun iwwer schwéier Apparater ausserhalb vum Spidol mat Gerichtsaffären, déi elo domat zesummenhänken. Déi Projekte mussen een am Respekt vun enger méiglechst aktueller Carte sanitaire ugoen, also opgrond vu reelle Besoinen am Respekt vun der aktueller Gesetzgebung oder adaptéierte Gesetzer.

An ech si ganz oft mat menger Virriednerin d'accord, mee bei hirer Lektür vum Urteel, do hunn ech eng ganz aner Interpretation. D'Urteel seet, déi Decisioun, fir den IRM net ze accordéieren, wär op enger falscher Basis gemaach ginn, well déi Lëscht hätt missen an engem Gesetz verankert sinn an net als Ajoute. Ech wëll awer och do derniewent drop hiweisen, dass et e Spidolsgesetz gëtt. An dat Spidolsgesetz seet haut, dass et ausserhalb vun de Spideeler keng Diagnostikzentere ka ginn. Wa mer dat wëllen änneren, da mussen mer dat am Spidolsgesetz respektiv an en engem Gesetz reegelen, awer net einfach esou maachen, wéi wann et dat net gëtt.

Ech wollt bewusst net op déi Polemike ronderëm esou Projeten agoen, mee eng Rei vu méi



prinzipiellen Iwwerleeunge maachen, déi ech virdru schonn ugeschwat hunn. Fir eis ass et zum Beispill en No-Go, dass mer d'Spideeler aushielegen oder engem total liberaliséierte Konkurrenzkampf aussetzen. Kommt mir ginn an d'Ausland kucken, wat geschitt ass, wa mer op dee Wee gaange sinn! Et brauch een nëmme bis iwwert d'Grenz ze goen, bis op Tréier, da gesi mer, wou ee lant, wann ee keng Zousazversicherung huet. Dat wëlle mer hei zu Lëtzebuerg net!

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Mir wëlle fir jiddwereen dee selwechten Traitement, ob mat oder ouni Zousazversicherung. An ech mengen, duerfir sti mer!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Wann nei Strukturen entstoe sollen, da kann et hei net ëm Partikularinteresse goen, net ëm Minikliniken am „stand alone“. Hei mussen déi reell Besoine gekuckt ginn, déi da sinn: regional Verdeelung an net Offer do, wou se am rentabelsten ass, well wa mer dee Wildwuchs gewärde loossen, da kommen esou Zentren net do, wou se am meeschte gebraucht ginn, mee do, wou se am meeschten abréngen. An dat ass net ..., dat ass net eis Vue.

*(Interruptions)*

Dat ass net eis Vue. Et muss ee sech kënnen orientéieren, ob d'Waardezäiten zoumuttbar oder exzessiv sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | An et muss ee selbstverständlech och kucken, dass een dat noutwendegst Personal net vun enger Säit, wou et feelt, op déi aner Säit hëlt, dass et nach zu méi grouse Lacunen op enger anerer Plaz kënnt.

Wann ech beim Personal sinn, dann ass et fir mech selbstverständlech, dass dat Personal, egal wou et schafft, ënnert deene selwechte Konditiounen muss schaffen, ënnert deene selwechte Kollektivvertrag an net eng Zwouklassegesellschaft och hei kann entstoen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Duerfir ass et fir eis enorm wichteg, do wou et e Vide gëtt, net duerch Schnellschëss dee Vide ze fëllen, mee dee Vide gesetzlech a reglementaresch ze fëllen. An do ass d'Regierung op engem gudden Wee um Gesondheetsdësch. Et muss een der Regierung jo awer d'Chance ginn, zesumme mam Terrain dat esou ze definéieren, dass et d'Strooss hält.

Mir sinn also fir e klore Statut, wann esou Zentere géifen entstoen, deen net de Statut ka si vun enger Société commerciale an net e Fourre-tout vun alle méigleche Spezialisatiounen. Wann esou Zentren e Sënn sollen erginn, da muss se a staarke Partnerschaft mat de Spideeler entstoen, fir d'Continuité des soins surgeren, d'Urgenzen, d'Garde kënnen garantéieren zesumme mat de Spideeler, kohärent medezinesch Konzepte opweisen, déi sech droen, a keng kommerziell Ausrichtung, mee kloer gereegelt Tariffer an net Tariffiräiheet oder zwou Zorte Patienten, déi mat an déi ouni Zousazversicherung.

Här President, ech kucken, dass ech elo schnell zum Schluss kommen. D'Gesondheitsversuergung ass een ze wichtegen Domän, fir en enger komplett liberaliséierter Nidderloosungspolitik ze iwwerloossen.

Dat muss geplangt ginn – net elo Planung, wéi mer se virun 100 Joer kannt hunn – am Interêt vun der Allgemengheet an net am Interêt vun eenzelne Lobbyen. Net fir näischt hu mer eis iwwer Jore géint Direktive gewiert, déi eng total Liberaliséierung an der Santé

wollte maachen. Mir hunn et duerchgesat, dass eng Planungschoheit bei schwéieren Ekipementen bei deenen eenzelne Staate bleift.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Dorop wëll ech awer och hiweisen. Dat si belaauschtbar europäesch Texter, op déi mer eis kënnen baséieren.

Ech hu virdru gesot, wa Lacunne bestinn, da solle mer déi Lacunen zoumaachen. En attendant, Här President, warnen ech viru Schnellschëss. D'Schafung vu Faits accomplis an e klore Broch mam Spidolsgesetz kënnen net toleréiert ginn, well dat e Selbstgoal wär an e kloert Signal a Richtung profitorientéiert ausländesch Gruppen. Et däreft net zu engem Wildwuchs kommen. Ech mengen, do si mer eis eens.

Dann zum Schluss: Och an de Spideeler gëtt et e ganz grouse Potenzial fir méi Ambulatoire. Et brauch een nëmme d'Chifferen ze kucken tëschent de Spideeler an och, wat déi eenzel Operatiounen ugeet am Verglach mam Ausland. An de Spideeler muss et kloer a getrennt Fluxen tëschent Ambulatoire a Stationnaire ginn.

Wichtig ass an deem Zesammenhang och, dass mer déi Méiglechkeeten notzen, fir de Patient doheim mat de Reseauen ze behandelen. D'Informatik gëtt eis do eng ganz Rei vu Méiglechkeeten.

Här President, zum Schluss: Et ass evident, dass de Virage ambulatoire souwuel wat d'Schafe vun neie Strukturen wéi hiren Ausbau am Spidol ugeet, ka Virdeeler hunn, awer nëmme ënnert deene Voraussetzungen, dass mer dat vernünfteg maachen, zesumme maachen an net ee géint deen aneren. Well wa mer dat maachen, ass et fir d'éischt de System, deen drënner leit, an dann de Patient.

Wa mer eppes zerschloen, ouni eppes Besseres ze hunn, da si mer alleguer Perdant.

*(Interruption par la présidence)*

Also, Virage ambulatoire do, wou et eng Plus-value ass an do, wou et en double Emploi géif ginn an do, wou mer eis géigesäitig Personal ewechhuelen aus Grënn, déi net onbedéngt am Interêt vum Patient sinn, do, jo, do kennt Der meng Meenung. An ech soen Iech Merci, dass Der esou fein mat mer waart, Här President. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Alleréisch wéilt ech och der CSV e grouse Merci soen, dass si deen Debat ugestouss hunn. An awer och all deenen, déi sech duerch en Avis an der Diskussioun abruucht hunn, vun hei e grouse Merci.

Déi Diskussioun, déi mer haut féieren, ass eng noutwendeg, well d'Fro vum Virage ambulatoire ass net zulescht d'Fro, wéi eise Gesondheitssystem an 10 bis 20 Joer soll ausgesinn, eng Fro, déi duerch d'Pandemie nach méi dréngend op eng Äntwert drängt, well nach méi kloer ginn ass, wéi wichteg e gutt funktionéierende Gesondheitssystem ass.

D'Pandemie huet awer och gewisen, dass eise Gesondheitssystem sech kann adaptéieren. Beispiller sinn d'Trenne vu Fluxen, Dezentraliséierung an och Digitaliséierung. Dës Erkenntnisser wäerten eis net nëmme hëllefen, eng nächst Pandemie besser ze geréieren, mee och eise Gesondheitssystem am Alldag besser opzustellen.

D'Pandemie huet déi gréng op jidde Fall an hirer Meenung bestärkt, dass mer e staarken, solidareschen, konventionéierte Gesondheitssystem brauchen. Mir brauche Better, Material, awer och besonnesch gutt forméiert Personal, fir Noutsituatiounen kënnen ze bewältigen, ouni dass de Gesondheitssystem schnell u seng Limite stéisst.

Beim Virage ambulatoire soll et net nëmme ëm eng Verschlankung vum Gesondheitssystem goen, fir Käschen ze drécken, mee ëm eng Émorganisierung an d'Asetze vun de finanzielle Moyenen do, wou et dem Patient déi beschtméiglech Qualitéit bréngt. Iergendwa si mer all op eng qualitativ héichwäerteg medezinesch Versuergung ugewisen an dann ass jidderee frou, dass en, wann et dann emol anescht kënnt wéi gemengt, net eleng do steet, fir d'Rechnung ze bezuelen, mee dass e sech op d'Solidaritéit vum ganze Land ka verloossen.

Eng vun de grouse Reformen aus de leschte 15 Joer, d'Spezialisierung vun de Spideeler, huet sech wéi erhofft positiv op den Knowhow an d'Qualitéit vun de Prestatiounen ausgewierkt. Mee mir brauche méi wéi just déi eng Strategie. Nieft der Bündelung a Verbesserung vum Knowhow, mussen mer eis och bewusst sinn, dass mer eng global Visioun vun der Entwécklung vum Gesondheitssektor brauchen. Dozou gehéiert och eng kloer Strategie am Virage ambulatoire.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat versti mir Gréng ënnert dem Virage ambulatoire? D'Fro, déi sech stellt, ass, ob en nëmme Beräicher soll betreffen, déi normalerweise mat engem Spidolopenthalt verbonne sinn, wéi d'Chirurgie, gewësse Chemotherapien an esou weider? Oder kann et och dorëms goen, d'Santé esou opstellen, dass manner Leit an d'Spidol mussen goen, well se entweder ausserhalb vum Spidol eng Behandlungsméiglechkeet fannen oder well een duerch eng konsequent Preventivmedezin et net esou wäit komme léisst, dass eng Spidolbehandlung noutwendeg ass?

Mir sinn der Meenung, dass de Virage ambulatoire soll op all méiglech Beräicher ausgeweit ginn. D'Preventivmedezin an d'Education fir eng gutt Hygiène de vie sinn hei och wichteg Bausteng. Eis gréng Opfaassung vum Virage ambulatoire ass also eng ganzheetlech.

Déi méi héich Liewenserwaardung an déi domadder verbonne steigend Dependence vun eiser Populatioun bréngen nei Besoine fir d'Bierger mat sech. Wëssend dass déi iwwer 65-Järeg vu méi Krankheeten a besonnesch chronesch Krankheete betraff sinn, wäerten an Zukunft d'Gesondheitsausgabe klammen an et mussen Léisunge fonnt ginn, fir hei entgéintzewierken, fir d'Resilienz vum Gesondheitssystem ze garantéieren.

D'Zil wär et, duerch eng Verbesserung vun der Gesondheet an dem Bien-être vun der Populatioun an duerch méi Effizienz an Effikasitéit d'Käschte kënnen ze reduzéieren.

De Virage ambulatoire ass awer och eng bedeitend Waff am Kampf géint d'Infections nosocomiales. Duerch eng méi kuerz Openthaltsdauer an de Spideeler respektiv d'Reduziéierung vun der Unzuel u Leit, déi dagdeeglech duerch eis Spideeler transitéieren, gëtt och de Risiko fir esou Krankheeten, wéi Infektiounen mat multiresistente Keimen, méi kleng.

Während der Pandemie hunn d'Spideeler misse léieren, d'Fluxen ze geréieren, d'Hygiènes- an Distanzregelen anzeféieren an Teleconsultatiounen ze maachen, fir d'Iwwerdroung vu Covid ze evitéieren. Dës Erkenntnisser mussen mat an d'Iwwerleeungen erageholl ginn.



Dir Dammen an Hären, wat ass den Impakt vum Virage ambulatoire op de Secteur hospitalier? D'Loi hospitalière vun 2018 prezisiéiert, datt méi Interventionen am Ambulatoire solle gemaach ginn an encouragéiert och d'Kooperation an d'Koordination tëschent de Prestataire am Ambulatoire an de Prestataire am Hospitalier.

Duerch de Fait, datt d'Openthalter do, wou et méiglech ass, sech wäerte verkierzen, wäert et natierlech méiglech sinn, méi eng effizient Betterbeleeung an de Spideeler ze kréien, wat awer an eisen Aen net zu enger Reduktioun vun de Better soll féieren. Well wéi mer während der Pandemie gesinn hunn, ginn dës Better während enger sanitärer Kris gebraucht. E weidert Argument, fir d'Better bäizebehalen oder souguer no uewen ze adaptéieren, ass déi steigend Demografie vun eiser Bevëlkerung.

D'Verkierzung vun der Openthaltszäit ass awer nëmme sënnavoll, wann och Zwëschesstrukturen tëschent dem Spidol an doheem opgebaut ginn, fir d'Continuité des soins ze garantéieren. An deem Kader muss och u Schlofgeleehneeten a Proximitéit vun de Spideeler an den Zwëschesstrukture geduecht ginn.

Fir déi gréng ass et primordial, datt e Patient esou laang ënnert der Responsabilitéit vum Spidol ass, bis kloer ass, datt de Parcours hospitalier, an deem en opgeholl ginn ass, ofgeschloss ass, och wann en ambulant behandelt oder weider behandelt gëtt. De Patient a seng Soignantë müssen also zu all Moment eng direkt Ulafstell hunn am Spidol bei Froen oder Komplikatiounen. Wichteg fir d'Spideeler ass, genau ze wëssen, wou d'Politik wëll histeieren a puncto Virage ambulatoire, well dës en Impakt wäert hunn op hir zukünfteg Infrastrukturen an och d'Gestioun vum Personal.

Duerfir ass et wichteg, e Gesamtkonzept am Ambulatoire opzestellen, fir de Spideeler, mee net nëmme hinnen, eng Planungssecherheet ze garantéieren. Hei geet et ëm de Finanzement an och ëm de Personalschlüssel fir den Ambulatoire. Niewent dem Plan hospitalier bräicht et och e Plan extrahospitalier, fir de ganze Gesondheetssystem ofzedecken.

Den Ambulatoire soll favoriséiert ginn. Wichteg ass awer, datt den Ambulatoire fir de Patient keng zousätzlech finanziell Belaaschtung bedeit, respektiv de Patient net gedrängt gëtt, éischter heemzuegoen. Spideeler brauchen awer och Tariffer a Personal, fir am Ambulatoire kënnen ze intervenéieren, fir d'Continuité des soins kënnen ze garantéieren, an Zousatzversicherung mussen och am Ambulatoire kënnen gräifen.

Wat ass dann awer den Impakt vum Virage ambulatoire op de Secteur extrahospitalier?

An eisem System mat Prioritéit op dem Ambulatoire kritt de Médecin de référence ëmmer méi e grouse Stellenwäert. Hien ass den Dréi- an Aangelpunkt am Parcours vun all Patient a besonnesch vun deene mat chronesch Krankheeten. Et ass hien, deem de Patient am Gesamte soll behandeln a beroden, d'Preventivmedezinn koordinéieren an am Dialog mat de Spezialisten dem Patient eng optimal medezinnesch Betreuung soll garantéieren.

Dës setzt awer viraus, datt de Médecin de référence generaliséiert gëtt an datt hie sech fir d'Patiente méi Zäit kann huelen. D'Méiglechkeet vum Zäithonoraire muss geschaf ginn.

de gréng sinn dann och der Meenung, datt eng gutt Preventivmedezinn, Informatioun iwwer eng gutt Hygiène de vie, Fréierkennung vu Krankheeten an déi systematesch Betreuung vu Patiente mat chronesch Krankheeten nach méi zu de Prioritéite vum Médecin

de référence mussen gehéieren. Domat kéinten dann och vill Spidolsopenthalter evitéiert ginn an der Entwécklung vu schwéiere Krankheete virgebeugt ginn. En allgemenge Gesondheetcheck eemol d'Joer fir all Bierger kéint hei eng grouss preventiv Wierkung hunn.

Fir déi mental Gesondheet spillt d'psychologesch Berodung an Therapie eng wichteg preventiv Roll. Wa se awer vu jidderengem soll kënnen genotzt ginn, muss endlech de Remboursement vun der Psychotherapie kommen, wéi och dee vun der Consultatioun bei de Psychologen.

Och d'Ëmweltmedezinn spillt eng preventiv medezinnesch Roll. Ech wäert awer hei net weider drop agoen, well ech dat an der Interpellatioun iwwert d'Ëmweltmedezinn, déi ech ugefrot hat, schonn am Detail gemaach hunn.

Kolleginnen a Kollegen, d'Fro, déi sech stellt, ass, wat den Extrahospitalier elo scho kann a wat en nach zousätzlech brauch. D'Cabinet-médicalle vu Generaliste bidden elo schonn d'Méiglechkeet, fir besonnesch am ländleche Raum méi laang Öffnungszäiten ze garantéieren, och weekends, well d'Doktere sech kënnen ofwiesselen.

Dës Cabineten hëllefen, d'Urgencen an d'Polikliniken ze entlaaschten, wou nach ëmmer ze vill Patienten hign, well se zu gewësse Momenter net déi néideg Offer un Hausdokteren hunn.

E Cabinet pluridisciplinaire dogéint kéint och als Verbindung tëschent dem Hospitalier an dem Extrahospitalier fonctionéieren. Dës setzt awer viraus, datt seng Fonctioun kloer definéiert gëtt.

Fir déi gréng sollen hei net just Dokteren aus verschiddene Beräicher zesummeschaffen, mee e Mix aus Doktere mat Professions de santé wéi Infirmièren, Dieteticiennen, Psychologen, Kinéen an esou weider, fir dem Patient e ganzheetleche medezinnesche Parcours kënnen unzibidden.

E weidere wichtege Acteur am Extrahospitalier sinn d'Maison-médicallen, déi sech ëm d'Patienten ausserhalb vun den Öffnungszäite vun den Dokteschpraxisse këmmen. Déi fonctionéiere gutt, mee zum Beispill am Oste vum Land gëtt et nach keng. Hei muss d'Fro beäntwert ginn, ob dat esou soll bleiwen an och, ob den Norde mat enger Maison médicale ofgedeckt ass.

**Une voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Fir déi gréng ass et wichteg, datt d'Maison-médicallen eng enk Koordination mat de Polikliniken an den Urgencë vun de Spideeler hunn an datt den Dokter aus der Maison médicale de Patient fir verschidden Ennersichunge schnell an onkomplizéiert an d'Spidol ka schécken, fir duerno de Patient kënnen erëm weider ze behandeln.

D'Fro stellt sech och, ob et net sënnavoll wär, fir eng Infirmière an de Maison-médicallen anzustellen, déi den Dokter kéint ënnerstëtzen, an esou aner Soinen an de Maison-médicallen zuzeloossen, wéi dat bis elo de Fall ass, an esou d'Urgencë vun der Bobologie ze entlaaschten.

Da wéilt ech zu den Erausforderungen am Zesummenhang mat der aktueller Bestriewung ze privatiséieren kommen. D'Diskussioun ëm den Ambulatoire ass an de leschte Joren duerch Niegkeeten iwwer Privatiséierungsbeméiungen vergéift ginn. Et ass nieerdéngs schwéier, iwwert den Ambulatoire ze diskutéieren, ouni dobäi och de Risiko vum Entstoe vun enger Zwouklassemedezinn ze thematiséieren. Mir fannen dat extreem bedauerlech. Dat sougenannt IRM-Urteil

gesäit am Spidolsmonopol fir bestëmmte medezinnesch Akten eng Verfaassungswiddregkeet. Dat Urteil ass awer an eisen Ae keng Carte blanche, fir eng Privatmedezinn anzeféieren.

**Une voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Well duerch dës Spidolsmonopol waren d'Präisser vun dëse Leeschtungen einfach ze kontrolléieren an och an engem räsonebele finanzielle Kader, fir all d'Patienten ze halen, an en huet domadder d'Robustheet vum solidaresche System garantéiert.

**Une voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | déi gréng sinn der Meenung, datt ier nei IRMen an/oder aner grouss Diagnostikapparater an de Spideeler oder ausserhalb vun de Spideeler installéiert ginn, eng Analys muss gemaach ginn, ob zu Lëtzebuerg nach weider Apparater gebraucht ginn.

**Une voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | A wa jo, wou se geografesch solle lokaliséiert ginn. Dës Analys kéint am Kader vun der Carte sanitaire gemaach ginn oder wéi gesot vun engem Plan extrahospitalier.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Dozou gehéiert och eng Analys vun der Verschreibungspraxis zu Lëtzebuerg, ...

**Une voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | ... esou wéi mer se virun e puer Joer schonn emol eng Kéier gemaach hunn, wou IRMe mat Scannere verglach gi sinn. Well och andeems iwwerflësseg IRMen evitéiert ginn, kritt een d'Waardezäiten erofgesat.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Schwéier Apparater a privat Praxisse favoriséiere fir eis de finanziellen Drock, fir den Apparat ze rentabiliséieren an duerfir esou vill méiglech Patienten duerch den Apparat ze schleisen, wa se privat musse virfinanzéiert ginn.

Fir de Virage ambulatoire ze packen, brauche mer net eise solidaresche Modell mat enger paralleler Privatmedezinn ze parasitéieren. Mir mussen just déi richteg Mesuren am besteeënde System huelen. Geplangt anstatt Wildwuchs, koordinéiert Handeln anstatt Fait-accomplie schafen!

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Nëmme esou kréie mer eng héichwäerteg Medezinn fir jiddereen zu Lëtzebuerg, déi och finanzéierbar ass.

**Une voix | Genau!**

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | déi gréng sinn aus dëse Grënn der Meenung, datt schwéiert Diagnostikmaterial éischter am Milieu hospitalier soll gelooss ginn an datt een an deem Sënn soll legiferéieren.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Dat ass e Feeler.

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Dat ass Är Meenung. Dat kann och a Spidolsantenne sinn. Dës hätt den Avantage ...

**M. Léon Gloden** (CSV) | ... Majoritéit vun dëser Regierung.

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Här Gloden, ech mengen, Dir hutt d'Wuert net.

(Interruption)

Nee, Dir frot Iech d'Wuert, da kënnt Der vläicht schwätzen.



**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Den Här Gloden ...

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Den Här Gloden hält sech ëmmer d'Wuert zu sengen Theemen.

(Hilarité)

Dat kann also, wéi gesot, och a Spidolsantenne sinn. Dëst hätt den Avantage, datt de Finanzement vu groussen Apparater ëmmer dee selwechte kéint bleiwen an een net misst en Ennerscheid maachen tëschent de Spideeler a private Cabinets pluridisciplinaires.

Déi privat Cabinets pluridisciplinaires hunn awer eng wichteg regional Roll ze spillen a kënnen de Lien maachen tëschent dem Ambulanten an dem Spidols-secteur. Wéi am Koalitionsaccord virgesinn, misst dofir e Konzept beschriwwen ginn.

De Finanzement vun de Spidolsantennen oder Cabinets pluridisciplinaires muss esou opgestallt ginn, datt de Spidolssecteur net defavoriséiert gëtt an datt d'Patienten net méi belaascht ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | An da muss och nach kloer definéiert ginn, wéi eng Akte wou dierfen ugebued ginn. Mir dierfen net an eng Situatioun kommen, wou d'Patiente mat Zousatzversicherungen oder mat méi engem décke Portmonni méi schnell e Rendez-vous fir en IRM oder insgesamt medezinesch Prise-en-charge kréie wéi de Patient ouni.

Mir sinn och der Meenung, datt kee privat Friemkapital soll kënnen an e Cabinet pluridisciplinaire erafléissen. Eng Gesellschaft grënnen, jo, mee just mat den aktive Membere vum Cabinet.

Da wollt ech awer och nach kuerz op d'Digitaliséierung am Dingscht vum Ambulatoire ze schwätze kommen. D'Covidpandemie huet gewisen, datt an der Urgence schnell digital Léisungen op de Wee kënnen bruecht ginn, zum Beispill d'Teleconsultatioun oder d'ePrescription. Elo muss awer analyséiert ginn, wat weider sënnavoll ass. Wichteg ass, datt et eng Plus-value fir d'Santé publique huet an datt keen ausgeschloss gëtt.

Häerzstéck vun der Digitaliséierung am Gesondheitswiesen ass den DSP, fir all Prestataire zu all Moment déi Informatiounen zoukommen ze loosse, déi néideg sinn, fir de Patient kënnen optimal en charge ze huelen. Hei ass awer nach Handlungsbedarf.

A menger Question parlementaire 4109 hat ech d'Gesondheitsministesch an de Minister vun der Sécurité sociale Detailler iwwert d'Notzung vum DSP gefrot. Leider war d'Äntwert dorop ernüchternd: Mir sinn nach wäit ewech vun enger genereller Notzung vum DSP, souwuel vun de Prestataire wéi vun de Patienten.

Positiv ass, datt zanter Kuerzem d'Rapporte vun den Imagerien an och d'Billen an den DSP héichgeluede ginn. Hei muss weider dru geschafft ginn, datt all Analys an all Rapport an den DSP kënn.

Och d'Telemedezinn wäert an Zukunft vill Méiglechkeete bidden, iwwer eng einfach Consultatioun, en Diagnostic à distance bis zur chirurgescher Intervention à distance. déi gréng fannen, datt do, wou et sënnavoll ass, dës Technologie sollen agesat ginn, wann hir Sécherheet garantéiert ass. Mir wëllen awer onbedéngt verhënnere, datt d'Digitaliséierung de mënschleche Kontakt ersetz. E perséinlecht Gespräch an Empathie sinn och Deel vum Heelungsprozess.

Dat zielt och an den Apdikten, wou déi perséinlech Betreuer och extreem wichteg ass. An dat ze automatiséieren, schéngt mer hei kee gudder Plang ze sinn an dat och bei Medikamenter, déi net

rezeptpflichtig sinn. Well och do brauch et Explikatiounen, an dat duerch en Automat ze ersetzen, ass der Saach net dénglech.

Wou d'Digitaliséierung awer och eng wichteg Roll ka spillen, ass an der Surveillance vu chronesch kranke Patienten op Distanz. Falls Wäerter net an der Norm sinn, ka mam Patient Kontakt opgeholl ginn, respektiv kéint e Soignant bei de Patient heemgeschéckt ginn, fir en Check-up ze maachen. Dësen Zenario géif erlaben, datt manner Patienten eng Verschlechterung vun hirer chronescher Krankheet kréien an hospitaliséiert misste ginn.

Zum Schluss wéilt ech dann nach kuerz ervirhiewen, datt den Impakt vum Virage ambulatoire op de Patient a säin Entourage esou wéi op déi Beschäftegt vum Gesondheitssecteur muss vun Ufank u matgeduecht ginn. Et muss ee sech bewosst sinn, datt de Virage ambulatoire en Impakt op den Entourage vum Patient wäert hunn, dëst besonnesch am Fall vun enger Hospitalisation à domicile. Et géllt natierlech, déi negativ Impakter op d'Famill ze minimiséieren, respektiv e legale Kader fir Aidants naturels ze schaffen, deen et erlaabt, datt déi Leit, déi sech ëm hir krank oder konvaleszéierend Familljemembere oder Bekannte këmmere, eng Kompensatioun kënnen kréien. Et géllt also och, de Service de soins à domicile esou opzestellen, datt d'Aidants naturels just Tächen iwwerhuelen, wa se sech dozou bereet erklären, an datt dës keng professionell Formatioun brauchen.

D'Fro stellt sech natierlech och, ob esou eng Ëmstellung en Impakt op déi Beschäftegt an de Spideeler wäert hunn. Gëtt méi oder manner Personal gebraucht? Wéi eng Karriäre gi gebraucht?

Dëst zielt natierlech gradesou am Extrahospitalier. Hei stellt sech fir déi Beschäftegt natierlech och d'Fro vun den Aarbechtskonditiounen an der Remuneration. De Fait, datt am Hospitalier an am Extrahospitalier zwee verschidde Kollektivverträge zielen, vereinfacht d'Saach net. Allgemeng stellt sech natierlech d'Fro vum Manntem u Personal. Aus dem Rapport Lair wësse mer, datt mer an Zukunft op Problemer souwuel bei den Doktere wéi beim Fleegepersonal wäerte stoussen, an datt muss reagiert ginn, wat jo och deelweis scho gemaach gëtt.

Ofschléissend wéilt ech soen, datt déi gréng de Virage ambulatoire am besteeënde solidareschen, konventionéierte System ënnerstëtzen an d'Privatisierungsbestriewungen éischer negativ gesinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Duerfir sollen och d'IRMen an anert schwéiert Diagnostikmaterial am Spidolsberäich bleiwen. Wichteg ass et, de Patient an de Mëttelpunkt vum Virage ambulatoire ze stellen, ouni awer säin Entourage an och d'Aarbechtskonditiounen vun de Beschäftegten aus dem Secteur ze vergiessen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Hansen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, e Merci dem Här Claude Wiseler an der CSV fir d'Initiativ zu dëser Orientierungsdebatte. Et ass wichteg an noutwendeg, datt mer dës Debatte iwwert de Virage ambulatoire féieren.

D'Covidsituatioun huet eis virun Ae gefouert, wéi séier mer Gefor lafe kënnen, datt eis medezinesch

Strukturen op hirer Limit ukommen. Ech wäert an dëser Debatte och e puer Punkten opzielen, déi mir als ADR scho méi laang gefuerdert hunn.

Dozou gehéiert och besonnesch ëmmer nach déi onsäglech Situatioun, datt mer am Oste vum Land nach ëmmer keng Maison médicale hunn. Dat Argument, datt den Osten jo no un d'Spidolstrukturen ugeschloss ass, dierf een an dësem Kontext net gëlle loosse. Denkt een zum Beispill un den Norden: Hei ass d'Maison médicale praktesch nieft dem Ettelbrécker Spidol. Déi gënschteg Distanz tëschent Spidol a Maison médicale dierf keng Ursaach sinn, fir d'Wichtigkeit vun enger Maison médicale am Osten erofze spillen. Et muss ee jo bedenken, datt d'Spidol an d'Maison médicale ganz ënnerschiddlech Aufgaben hunn, wat déi medezinesch Versuergung ugeet.

Da wëll ech e puer Wuert zu de Centres médicaux pluridisciplinaires verléieren. Och hei gëtt et Verbesserungsbedarf. Et muss een an éischer Linn derfir suergen, datt d'Centres médicaux pluridisciplinaires privat geréiert solle bleiwen, fir weiderhin d'Effektivitéit an d'Flexibilitéit ze garantéieren. Mir sinn der Meenung, datt dës Centres médicaux méi Kompetenze sollten hunn. Et ass gréisstendeels nach ëmmer de Fall, datt ee sech an d'Spidol beweegen muss, wann ee sech mat komplexe medezinesche Geräter ënnersiche loosse muss.

Konkreet si mir der Meenung, datt e Scanner, en MRT, Ultraschall oder soss Geräter an dëse Centre-médicale sollen disponibel sinn, awer och hei begrenzt, fir datt eis Spideeler kënnen entlaascht ginn an déi laang Waardezäiten op d'Säit geuppt kënnen ginn.

Fir dat ze erméiglechen, brauch et allerdéngs als Éischt e kloer rechtliche Kader, fir datt dës Centres médicaux mam néidege Fachpersonal och esou Geräter zur Verfügung gestallt kréien an notze kënnen. Mir bräichten duerfir an enker Zesummenaarbecht mat der Krankekeess eng kloer rechtlich Nomenklatur, déi et de Centres médicaux erlaabt, sech méi breet opzestellen a verstärkt och Servicer unzébiden, déi bis dato just an de Spideeler assuréiert goufen.

Et ass leider keen Eenzelfall, datt sech d'Residenten hei am Land an engem private medezineschen Etablissement iwwert d'Grenz, zum Beispill zu Tréier oder zu Sankt Vith, umellen, fir einfach déi dacks onméiglech Waardezäiten kënnen ze ëmgoen.

Dann nach e Wuert zu der Médecine ambulatoire: Jo, mir sollen den Ausbau vun der ambulatorescher medezinescher Versuergung ënnerstëtzen. Allerdéngs kann eng effikass ambulant Versuergung just da garantéiert ginn, wann d'Doktere genuch Kompetenzen hunn, fir d'Versuergung vum Patient ze koordinéieren. Fir dëst ze erméiglechen, geet et nämlech dacks net duer, datt den Dokter oder den Hausdokter sech ëm de Patient këmmert, mee hei si jee nodeem vill Acteure gefuerdert.

De Patient brauch, nieft dem Dokter, nämlech dacks och nach d'Betreuer duerch eng Infirmière oder en Infirmier oder zum Beispill duerch e Kinesitherapeut. Wann een elo nëmmen d'Beispill vun enger eelerer Persoun hält, déi un d'Bett gebonnen ass, gëtt et, denken ech, kloer, datt d'Betreuer duerch en Dokter net duergeet. Eng Infirmière oder en Infirmier muss sech zousätzlech ëm d'Fleege këmmere an et brauch een zudeem geschoulte Personal wéi de Kiné, deen de Patient dann nach masséiere kënnt, fir datt dës sech net wond läit.

Wa mer op dee Wee ginn, fir de Patient verstärkt ambulant ze behandelen, da brauch et eng effikass



Koordinatioun tëschent den involvéierten Acteuren, fir dem Patient an all senger Besoinen entgéintzekommen.

Et ass als Politik och eis Pflicht, derfir ze suergen, datt dem Patient, egal wou dësen zu Lëtzebuerg wunnt – sief dat an der Stad oder am ländleche Raum –, iwwerall déi selwecht héichwäerteg Behandlung zougutt huet. An deem Kontext wär et ubruecht, datt emol e Bilan gemaach géif ginn, wou wéi vill Doktere sech néiergelooss hunn a wou am Land nach Besoin besteet, fir datt nach weidert medezinnescht Personal sech hei kann néierloossen.

Et ass besonnesch am ländleche Raum dacks esou, datt de kranke Mënsch nach wäit Weeër muss zréckleeën, fir säin Hausdokter kënnen ze consultéieren. An deem Kader muss mer jonk Dokteren encouragéieren, sech grad och an de manner besidelte Géigende vum Land néierzeloossen.

Wéi kann een awer jonk Dokteren encouragéieren? Hei gëtt et Méiglechkeeten: Et kann een den Dokteren hëllefen, andeem ee Plätzen zur Verfügung stellt, wou si praktizéieren kënnen. Och d'Prime d'établissement kann een no uewen upassen, fir engem jonken Dokter et attraktiv ze maachen, sech op deene Plazen néierzeloossen, wou d'medezinnesch Versuergung eeben nach net esou ausgebaut ass ewéi an de Ballungszentren.

Ech wëll dann nach e Wuert zu der Telemedezinn verléieren. Mir sollten eis selbstverständlech net de modernen Entwécklung verschléissen, déi et zum Deel méiglech maachen, datt een op d'Telemedezinn kann zréckgräifen. Och am Covid ass dacks op dëse Modell zréckgegraff ginn. Allerdéngs muss een och kloer op d'Limite vun dëser Behandlungsform hiweisen. Et stelle sech hei eng Rei Problemer: Et schléisst een nämlech déi Leit aus – dacks eelerer –, déi technesch net um neiste Stand sinn, fir un Teleconsultatiounen deelhuefen ze kënnen. En anere Problem ass, wann de Patient vun doheem aus selwer seng Gesondheetswäerter, wéi zum Beispill den Zocker, de Bluttdrock oder vill aner Elementer soll iwwerpréieren, datt dës Geräter net eenheetlech geeicht sinn an et zu Feeler an der Auswärtung vun dësen Donnéeën komme kann. An enger ganzheetlecher medezinnescher Versuergung spillt och d'Ernährung vum Patient eng Roll an et kann doheem eeben net assuréiert ginn, datt dës, esou wéi dat an de Spideeler ginn ass, un déi gesondheetlech Situatioun vum Patient ugepasst ginn ass.

Dës bréngt mech dann elo zum Thema vun der Hospitalisation à domicile. Natierlech ass et wëschenswert, datt mer eis Spideeler sou wäit wéi méiglech entlaaschten. An dacks ass de Patient och frou, fir doheem am gewinnnten Ëmfeld betreit ze ginn. Allerdéngs misst och hei de rechtliche Kader ugepasst ginn.

Wéi ass et zum Beispill am Fall, wou de Mann oder d'Fra krank ass an doheem versuergt gëtt, wann de Partner sech ëm déi krank Persoun këmmere muss? Misst an deem Fall net op e Modell zréckgegraff ginn, dee mam Congé familial zesummenhängt? Dat sinn alles Froen, déi ee sech muss stellen. Misst een an deem Fall net och déi nächste Bezuchspersoun, déi normalerweis am Stot zesumme wunnt, dann esou entlaaschten, datt dës sech, am Kader vun där Hospitalisation à domicile, esou ëm dee kranke Partner këmmere kann, wéi dat medezinnesch verlaangt gëtt?

Wéi scho virdrun ernimmt, bräicht et och hei gesetzlech Upassungen, déi transparent a sënnavoll sinn.

Här President, kee vun eis do virdu ass sécher, selwer krank – ob liicht oder schwéier sief dohigestallt – ze ginn. Mat deene Virschléi, déi ech opgezielt hunn,

denken ech, datt mer dem Wonsch e Stéck méi no kommen, de Patient an och seng Famill am Haus an esou enger schwéier Situatioun maximal ze ënnerstëtzen, esou wéi dat eis mënschlech Verflüchtung ass.

A well mer bei de Verbesserungsvorschläi sinn, wëll ech zum Schluss nach drop hiweisen, datt och am Beräich ... Mir hunn elo alles duerchgeschwat hei oder viles duerchgeschwat, mee iwwert d'Poliklinicke gouf nach kee Wuert verluer. An hei, mengen ech, misste mer och kucken, u Verbesserungen erunzekommen, well et gëtt engem ganz dacks zougedroen iwwert déi immens laang Waardezäiten an de Polikliniken. An ech mengen, hei wär awer emol eng Analys als Éischt ubruecht, ob dat esou ass, jo oder neen.

An ech si Blutspender. Do gëtt, wann een erageet, wann ee sech aschreift, d'Auerzäit opgeschriwwen, a wann een erausgeet, gëtt se och opgeschriwwen. An ech mengen, an enger Poliklinik misst jo och dee System méiglech sinn, datt een net an d'Blannt erschwätzt, mee opgrond vun Tatsaache kann Decisiounen huelen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Engelen. An da wier et un där honorabeler Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) |** Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt wéilt ech haut um Weltfraendag un all déi Fraen an LGBTQI+-Persounen denken, a besonnesch un déi, déi a Krichs- a Konfliktgebiddere liewen, déi, déi musse flüchten, déi, déi eleng nach sinn oder krank sinn, déi, déi kämpfen am Alldag, fir d'Enner beienenzekréien an onbezuelt an net valoriséiert Aarbecht, Careearbecht leeschten, an natierlech och un all déi, déi an den essenziellen a liewenswichtigen an dofir nobele Beruffer schaffen, ënner anerem de Gesondheetsberuffer.

Här President, d'Demande vun dëser Debatt läit schonn e puer Joer zréck. Dobäi muss ee soen, dass de Virage ambulatoire iwwert dës Zäit net en suspens gesat ginn ass! Ganz am Géigendeel: De Virage ambulatoire ass scho laang amgaangen.

Et ass an eisen Aen och bedenklech, dass dës Debatt ënnert dem Virwand vun der Covidpandemie gefouert gëtt. Et ass gutt vun der Pandemie profitéiert ginn, fir d'Privatiséierung vun eise Gesondheetswiese weiderzeféieren. De Large-Scale-Testing an elo och nach de Contacttracing, d'Testcapacitéiten allgemeng goufen a ginn nach ëmmer u privat Entreprises a Laboren ausgelagert, vun der Logistik bis bei d'medezinnesch Analysen.

An deem Sënn schéngt et mer evident, dass d'Regierung sech elo ëmsou méi fir de Virage ambulatoire interesséiert. Hei entstinn nei Businessopportunitéiten ënnert dem Virwand vun der sanitärer Urgence.

An elo, wou d'Pandemie soi-disant op en Enn kënnt, stellt sech d'Fro, wéi et da soll virgoe mat deem Virage ambulatoire. Dovun häng, jee nodeem, d'Zukunft vum ëffentleche Gesondheetssystem of.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Virage ambulatoire war schonn am Koalitionsaccord virgesinn. Hei ass rieds gaange vun engem Plan d'action „out of hospital“. De Virage ambulatoire ass also och als Dezentraliséierung vun de Gesondheetsservicer virgesinn.

D'Noutwendegkeet vun esou enger Dezentraliséierung vun de Prestatiounen méi no bei de Leit a besser

un d'mënschlech Besoinen ugepasst, ass effektiv nozevollzéien an engem Kontext, wou eis ëffentlech Spideeler zu grouse Gesondheetsfabricke gi sinn, déi managerial gefouert ginn a wou de mënschlechen Aspekt vun der Fleeg ëmmer méi verluer geet. Derbäi kënnt nach eng Penurie beim Gesondheetspersonal an de Spideeler, wéi de Rapport vun der Madamm Lair et ganz däitlech seet.

Et gëtt och keng eenheetlech Definitioun vum Virage ambulatoire – och datt ass hei scho gesot ginn – oder vun der Médecine ambulatoire. Dat hu mer séier festgestallt, wéi mer d'Äntwerte vum Froekatalog gelies hu vun deene sëllegen Acteuren, déi eis hir Äntwerte jo erageschéckt hunn. Jiddereen huet e weéneeg seng eegen Aart a Weis, de Virage ambulatoire ze gesinn. A grad do ass de Flou, an och do gesi mir de Risiko: Do, wou déi eng méi Proximitéit a méi Liewensqualitéit gesinn, do gesinn déi aner Opportunitéiten an eventuell Profitméiglechkeeten.

Här President, zu Lëtzebuerg gëtt den europäesche Statistiken no iwwerduerchschnëttlech vill hospitaliséiert. Dat läit deelweis och un der Ënnerentwécklung vun de Strukturen, déi d'primär Soine sollen ubidden. Dës Fro ronderëm d'Strukturen ass jo eent vun de Kärelementer vum Virage ambulatoire a gouf jo och de sëllegen Acteuren am Froekatalog gestallt.

Ech wëll kuerz drop agoen, well dës Fro fir eis zentral ass a well mir bewosst op d'Acteuren um Terrain wëlle lauschteren.

Et gëtt e relativ grouse Konsens an deene Strukturen; esou schéngt et mir zumindest. D'ALEPS, dat ass d'Associatioun vun de Gesondheetsberuffer, proposéiert Maisons de soins interdisciplinaires. Fir de CSCPS, de Conseil supérieur de certaines professions de santé, an och fir den OGB-L Santé sollen d'Spideeler eng virrangeg Roll spillen, an d'Gesondheetshaiser an d'Zentere solle vun de Spideeler geplangt an ëmgesat ginn.

D'ANIL, d'Associatioun vun den Infirmieren an Infirmièren, ënnersträicht des Weideren d'Roll vun de Gemengen a vun der CNS. Si gesinn d'Roll vun de Gemengen e weéneeg ewéi beim Office social; eng Iddi, déi ech interessant fonnt hunn. Och hei missten d'Gemenge méi proaktiv gi bei der nidderschwellege Gesondheetsversuergung.

Och de CSCPS insistéiert op dem multidisziplinäre Charakter vun dësen Antennen oder Strukturen. An och d'ALEPS schreift, dass mer dës Interdisziplinaritéit u sech eréischt misste léieren zu Lëtzebuerg; e Constat, deen ech ganz interessant fonnt hunn.

Mir brauchen och en neit Konzept fir dës Gesondheetszentren oder -haiser, wou Doktere mat anere Gesondheetsberuffer op Aenhéicht sollen zesummeschaffen. A grad dat „op Aenhéicht“ ënnersträichen ech! Et wier do, wou d'Preventioun, d'Gesondheetseducatioun an d'Informatioun, d'primär Soine an d'Behandlung an de Suivi vu chronische Krankheete kéinte suivéiert ginn. Sou steet et och am État des lieux des professions médicales et des professions de santé.

Dat, wat sech Case Management nennt, gëtt ënner anerem vun der ALEPS a vun der ANIL gefuerdert. Ech zitieren: „Les soins de santé ne devraient pas se limiter à des soins médicaux.“ Ech mengen, do si mer eis och alleguerten zimmlech eens. An dat ass essenziell fir eis! An dat bedeit esou vill wéi, net just medezinnesch schaffen, mee gesondheetsfuerdernd, also preventiv a ganzheetlech d'Promotioun vun der Gesondheet um Terrain maachen.

Wichtig ze ënnersträichen ass weider d'Kollaboratioun, déi ugestriift gëtt duerch dës Haiser oder Zentren; et kann ee se nennen, wéi ee wëllt.



D'Kolla-boratioun tëscht de Medezinner an de Gesondheetsberuffer. An do gëllt et, d'hierarchescht Denken – dat ass mir besonnesch wichteg –, ze verbannen! Ze dacks sinn d'Infirmieren an d'Infirmieren zur Assistenz vun Dokteren degradéiert. An dat kann net sinn! Wa mer wëllen dës Beruffer valoriséieren an opwäerten, da kann dat net sinn.

Mir sinn des Weideren der Meinung, dass dës Strukturen ëffentlech solle sinn a bleiwen. An och de CSCPS schreift, dass de Staat muss d'Kontroll behalen an dëse Secteur net dem Privatmarché soll iwwerloosen. An de Statut soll dann dee si vum Salarat, an dat eeben och, fir eng Kompetitioun ënnerhalb vum Personal ze evitéieren. An esou fuerdert et och de CSCPS an och den OGB-L.

Elo hunn ech e bëssen den Tour vun där Fro gemaach, well déi menger Meinung no relativ zentral ass.

Här President, mir fäerten awer, dass d'Regierung dëse Wee net wäert goen. D'Aarbechte ronderëm de Virage ambulatoire um Gesondheetsdësch lafe scho laang, mee éischter laanscht de Gesondheetsdësch. De Gesondheetsdësch ass eiser Meinung no eng Blackbox. Um Internetsite fënnt ee keng Informatiounen. Dofir gouf et awer schonn, wéi mer wëssen, Entscheedungen.

Déi Lénk hu schonn e puermol drop higewisen, dass de Gesondheetsdësch e pseudodemokratesche Gremium ass, bei deem Consultingfirmen an déi liberal Dokteschgesellschaft d'Soen hunn. De Virage ambulatoire schreift sech – leider – an e Privatisierungsprozess vun den ëffentleche Gesondheetsprestationen an. Dee Prozess ass schlächend amgaangen. Eis Spideeler si keng Établissement-publiken, si gi gefouert wéi Entrepreneuren, obwuel se vum Staat finanziert ginn.

De Virage ambulatoire – net am Sënn, wéi mir e verstinn, wéi virdrun et beschriwwen – ass längst amgaangen! Et ass eng Politique des faits accomplis amgaangen. Et gi Fakten um Terrain geschafft.

Duerch den Arrêt 148 vum Verwaltungsgericht, deen d'Verfassungswiddregkeet vun engem Règlement grand-ducal, deen d'Acquisitionne vun RMN-Apparater ausserhalb vun de Spidolsstrukture limitéiert huet, constatéiert huet, ass d'Dier grouss opgemaach gi fir privat Investisseuren. D'Gesondheetsministerschot dozou an engem Interview am Joer 2021, dass dëst Verbuet zu Recht gekippt gouf – Zitat – an dass säitdem d'Radiologen an hire Startlächer stinn.

Ech froe mech do: zu Recht gekippt? Wat ass elo der Gesondheetsministersch hir Visioun an deem Kontext? Soll et keng Lëscht méi gi vun Ekipementen, déi fir d'Spideeler reservéiert sinn? Wann dat net der Ministersch hir Visioun ass, wou ass déi Lëscht dann elo drun? Do ass – den Här Wiseler hat dat do och scho gesot – iergendwéi nach net vill geschitt an deene leschten dräi Joer.

Mir wëlte wierklech wëssen: Wat ass do geschitt? Wat ass säitdem geschitt? Wéi eng Konsequenzen zitt Der aus deem Arrêt? A wat maacht Der domadder? Gëtt d'Gesetz vun 1983 iwwerschafft, an notament den Artikel 19? Ginn Exklusivkriterien dragesat? Gëtt déi Lëscht iwwerschafft an à jour gesat an an d'Gesetz geschriwwen?

Fir mech – fir mäi Verständnis zumindest, vläicht leien ech ganz falsch – ass den Arrêt ganz kloer: Et ass en „domaine réservé à la loi“, steet dran; also en „à la loi“, an net „à la jungle“. Well am Moment mengt een éischter, et wier „la loi de la jungle“ – an zwar esou, dass Fakten um Terrain geschafte ginn.

Dobäi kënnt, dass elo kierzlech d'Gesondheetsministersch eng nei gesetzlech Basis fir privat Dokteschgesellschaften ugekënnegt huet. Dat wier dann dat

éischt Resultat vum Gesondheetsdësch. Kee Wonner, well d'AMMD an de Collège médical hu jorelaang dofir gedréckt. A se si souguer mat der Gesetzespropos komm. Da geet et natierlech schnell.

Ma war dat wierklech néideg? Brauche mer esou eng nei juristesche Form? D'Doktere kënne sech dach elo schonn zesummendinn an a Praxisen zesummeschaffen. Wie brauch dat? A firwat?

Wuel ass et esou, dass liberal Dokteren dat gefrot hunn, fir besser kënne vum neie Marché, dee mat der Liberaliséierung entstanen ass, ze profitéieren. Esou gesi mir dat zumindest. Et besteet de Risiko, dass déi lukrativsten Aktivitéiten aus de Spideeler ausgelagert ginn an domadder de Spideeler am Endeffekt finanziell Ressourcë feelen. Mëttelfristeg ass de Risiko, dee mir gesinn, dass d'Spidol geschwächt gëtt, an domadder onmëssverständlech och den allgemenge Gesondheetszoustand.

Mir sinn hei Welten ausserne am Verständnis vum Virage ambulatoire. Dat muss eis ganz kloer sinn! Geet et eis ëm d'Soin-primaires, ëm en holistesche Gesondheetssuivi vum Patient, oder geet et ëm eng Hyperspezialisierung, déi souwiesou schonn ze staark ass an déi net de Besoinen entsprécht?

Här President, de Virage ambulatoire dierf net fir esou Zwecker mëssbraucht ginn! An dach ass et leider esou, dass de Virage ambulatoire mëttlerweil Synonym ginn ass vu Privatisierungsmanövern am Kontext vun enger neomanagerialer Gesondheetspolitik.

Wann dat dat ass, wat mer ënner Virage ambulatoire verstinn a wäerten ëmsetzen, da weess ech net, ob mer déi nächst Pandemie gestëmmt kréien. Mir wieren eis géint all Versuch, d'Gesondheet enger privatwirtschaftlecher Logik ze ënnerwerfen.

Et ass, wéi wa mer vergiess hätten, wat déi lescht zwee Joer an der Welt an och bei eis lass war. Ma dat misst eis dach eigentlech derzou féieren, éischters emol, d'Spideeler ze stäerken an den ëffentleche Gesondheetssystem ze stäerken an de Virage ambulatoire an der ëffentlecher Gestiou ënnert der Kontroll vum Staat ze halen; des Weideren, d'Flegepersonal an d'Gesondheetspersonal opwäerten; eng Informationscampagne, eng Sensibilisationscampagne fir dës Beruffer direkt elo ze starten – Firwat ass dat net an deene leschten zwee Joer scho geschitt? –; an hir Aarbechts- a Formationskonditiounen definitiv opzewäerten; an dann och nach d'mental Gesondheet an d'preventiv Gesondheet endlech och opzewäerten.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, haut zéie mer also éischt Konklusionen aus der Pandemie. A ganz gläich soll jo och dann dat neit Covidgesetz gestëmmt ginn an domadder d'Restriktiounen staark gelackert ginn. Wéini genee, gi mer dann an deenen nächste Stonne gewuer.

Et gesäit also esou aus, wéi wa mer et zumindest temporär – esou muss een et soen – duerch dës sanitär Kris erduerchgepackt hätten. Mee ech erënnere mech awer och drun, dass ech scho virun engem Joer quasi eng Kéier hei stoung a mer eis eppes Änlechegewënscht hunn. Ech mengen, do war de Wunsch Papp vum Gedanken, an d'Realitéit huet eis ganz séier am Hierscht erëm ageholl. Ech mengen, mir sollten eis alleguete bewosst sinn, dass een ëmmer

nach iwwerrascht ka ginn. Heiansdo geet et méi séier, wéi een denkt.

Ech denken, dass mer dofir sollte virsiichteg sinn, wann et drëms geet, hei e Schlusstréch ënner eng Pandemie ze zéien. Well ze oft huet de Virus eis schliisslech scho gewisen, dass et anescht komme kann, wéi mer gemengt hunn.

Mee selbstverständlech kann een aus den Erfahrungen aus de leschten zwee Joer esou munches mat eraushuelen. An dat solle mer haut, d'ailleurs och mat dësem Debat maachen. Well eppes ass kloer: D'Welpopulatioun geet erop an domadder och de Risiko fir grouss Pandemien, déi dann, en conséquence, och eis Spideeler belastsche kënnen.

An och de Klimawandel wäert an Zukunft wuel Wiederphenomeneener zur Konsequenz hunn, déi och bei eis grouse Schued urichten a Mënsche verletze kéinten. Dofir ass et wichteg, dass mer eise Gesondheetssystem stäerken. Wa mer also haut vum Virage ambulatoire schwätzen – also dem Fait, dass an Zukunft ëmmer mander Behandlungen sollen am Spidol an dofir méi a Gesondheetszentren oder bei de Leit doheem gemaach ginn –, dann dierf dat net heeschen, dass déi Better, déi iwwer dëse Wee an de Spideeler fräi kéinte ginn, aus Käschtegrënn sollen ofgebaut ginn! Ganz am Contraire.

Grad dës Better-Capacitéiten, déi duerch de Virage ambulatoire géife fräi ginn, wäerte ganz dréngend néideg ginn an där nächster sanitärer Kris oder bei enger Naturkatastroph. Och wa mer natierlech hoffen, dass déi net esou séier kënnt.

Andeems mer et an Zukunft och Cabineten ausserhalb vum Spidol erlaben, bilddiagnostesch Apparater – wéi dat esou schéin heescht, also zum Beispill en IRM – ze kafen, kéinte mer d'Waardezäite fir esou Analyse reduzéieren a géifen d'Patienten net méi fir Rendez-vousen an ee Spidol schécken, wa se guer net am Noutfall sinn.

Mir wëssen alleguer, dass d'Problematik vun de sogenannte Spidolskeimen zouhëlt an ëmmer méi Bakterie vill Antibiotikaresistenzen opweisen. Andeems een de Passage am Spidol just nach op déi Kéiere géif reduzéieren, wou et wierklech ëm e medezinneschen Noutfall geet, kéint ee ville Leit eng onnéideg Exposition mat Krankheetserreger erspueren.

A grad wann et ëm eeler Leit geet, déi geschwächt sinn an déi aktuell oft tëscht hirer Wunnstruktur an dem Spidol hin- an hiertransportéiert gi fir déi verschiddensten Traitementen, déi se dann och net ëmmer op deen nämmlechen Datum kënne leeën, kéint den Ausbau vun ambulante Servicer wierklech hëllefen. Grad ewéi och bei Persounen, déi doheem vun Infirmiersreseau versuergt ginn, kéinten och vill méi Behandlungen bei de Leit doheem gemaach ginn, an hirem vertrauten Doheem. Soudatt se sech wuel fillen an net nach zousätzlech Stress ausgesat ginn.

Datt et haut nach Fäll gëtt, an deene geschwächten eeler Leit mussen an d'Spidol gefouert ginn, well bestëmmte Prestatiounen just am Spidol ganz vun der Krankekeess iwwerholl ginn an ambulant net oder manner, ass eigentlech katastrophal! Mir blockéieren hei jo just opgrond vu schlechte Reglementatiounen nach Spidolscapacitéiten. A ganz änlech ass et jo, wann et ëm d'Behandlung vu méi liichte Krankheeten an de Spidolsurgencé geet.

D'Maisons médicales goufen agefouert, fir d'Urgencen ze entlaaschten. Mee dat Zil gouf leider net erreecht!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Dat war net dat éischt Zil! Et war ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Et war net dat éischt Zil, Här Di Bartolomeo, mee et war awer mat eent vun



den Ziler, datt Leit, déi keng Urgence hunn, net an eng Urgence ginn ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo.

**Une voix** | Jo.

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... an de préférence sollte bei en Hausdokter goen oder eeben an eng Maison médicale.

Mee firwat ginn nach ëmmer ganz vill Leit an d'Spidol mat Problemer, déi eigentlech keng Urgence sinn? Ma eng Äntwert, oder en Deel vun der Äntwert, kann et wuel och sinn, datt et an eisem „räiche Lëtzebuerg“ – ënner Gänsefüssercher – ëmmer nach Leit gëtt, déi einfach net genuch Suen hunn.

Ech schwätzen emol net vun deenen, déi guer net an der Krankekeess sinn. Ech weess, do gëtt endlech dru geschafft, un der Couverture universelle. Mee datt et Leit gëtt, déi net genuch Suen hunn, fir eng normal Visite médicale ze bezuelen, an am Spidol wéinst dem Tiers payant eng manner héich Rechnung ufält. An dat ass u sech dramatesch!

An dat Schlëmmst ass jo, datt hei jidderee sech eens ass, datt muss eppes änneren. Sait Éiwegkeete gëtt vum generaliséierten Tiers payant geschwat. Mee do ass en awer nach ëmmer net. Et kënn jo da lo eng Léisung dozou. Mee esou ganz dat, wat um Sticker stoung, hält déi dann awer och net. An dat ass jo och net nei!

An, mir kennen u sech dee selwechte Problem och vun de Remboursementen vun der Psychotherapie. Mir sinn eis all eens – dat ass haut nach eng Kéier an der Heure de questions gesot ginn – an trotzdem dauert et éiweg, bis eppes ëmgesat gëtt!

*(Interruption par M. Claude Haagen)*

Zumindest d'Volonté politique ass awer, mengen ech, do.

**M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | ... de Secteur muss sech och eens sinn.

**M. Sven Clement** (Piraten) | An do muss de Secteur vläicht dann och ... An ech mengen, mir haten do scho Question-parlementairen un Ären ...

**Une voix** | Jo.

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... Virgänger gestallt. D'Madamm Hartmann huet och, mengen ech, net déi éischte Kéier op dee Problem haut de Mëtten higewisen. Mir sinn eis heibannen eens, an de Secteur gëtt sech net eens. Do muss een dann och de Secteur heiansdo rëselen. Ech mengen, dat huet Äre Virgänger probéiert. Ech wënschen Iech op alle Fall eng méi erfollegräich Händchen dofir.

**M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | ... mat Ärem Appui.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech mengen, Dir hutt den Appui vun eis alleguerten heibannen.

**Une voix** | Nee, nee.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat ass ganz wichteg.

**Une voix** | Ech sinn awer net derbäi!

*(Hilarité et interruptions)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech ginn elo net nach eng Kéier drop an. Während där Noutsituatioun, während der Pandemie vun deene leschten zwee Joer, ass d'mental Gesondheet definitiv eppes gewiescht, wat gelidden huet. An u sech ass et elo méi dréngend wéi jee, datt sech dee Secteur dann endlech eens gëtt an datt endlech eppes geschitt. Eppes, wat jo eigentlech scho virun der Pandemie op de Raile war, mee iergendwéi derailléiert huet.

Ech hoffen, datt mer net änlech laang also elo waarde mussen, datt dann dëse Virage ambulatoire an Ugrëff geholl gëtt oder aboutéiert. Jo, ech verstinn: D'Pandemie huet vill Capacitéiten um Ministère an Usproch geholl an dofir konnt et och munchmol net esou séier goen, wéi ee sech dat vläicht gewënnscht hätt, op alle Saiten vum Debat. Mee d'Pandemie kann awer dann och net éiweg als Excuse an Zukunft geholl ginn. Ganz am Géigendeel brauche mer och an deene wichtege Regierungsdossieren endlech déi Relance, déi vun de Betriber jo schonn erwaart gëtt.

Mir brauchen e Gesondheetssystem, deen no un de Leit ass an och d'Prevention besser aschleisst. Aktuell sinn d'Leit, déi am Norde wunnen, wat d'Accessibilitéit vun de Spideeler, Maisons médicales, Pediatere an Apdikten ugeet, ëmmer nach benodelegt par rapport zum Süden. Ech schwätzen net per capita – do kann een d'Statistiken esou dréien, datt se schéin ausgesinn. Ech schwätze vun de reellen Distanzen, déi d'Leit musse fueren, fir eeben dat ze errechen.

Hei wäeren dezentral Gesondheetszentren, an deenen och Leit schaffen, déi emol erausginn an op d'Leit zouginn a se informéieren a Preventiounsaarbecht maachen, sécher e gudder Wee. An esou Zentren wäeren d'Infirmièren an d'Infirmieren an eisen Ären dann och eng ganz wichteg Berufsgrupp, déi duerch d'Adaptatioun vun hire Formatiounen op Bachelor- a Masterniveau eegestänneg Täch solle iwwerhuelen.

An och wann et drëms geet, e Suivi vu Patientinnen a Patienten no engem Spidolopenthalt doheim ze maachen oder, ëmgedréit, e Patient oder eng Patientin, déi doheim vun enger Infirmière betreit gouf, dann am Spidol soll versuergt ginn, sollt de Beruff vun den Infirmièren den Dréi- an Aangelpunkt vun enger gudder Gesondheetsversuergung sinn, fir datt et geléngt, datt stationär an ambulant Behandlungen net méi sou getrennt verstane ginn, mee als Ganzst.

De Virage ambulatoire kann dofir nëmmen en Erfolleg sinn, wann et och mat enger Reform vun den Attributiounen an Ausbildung vum de Fleegeberuffer anhiert, an dat heescht natierlech vun enger Reform, déi de Fokus op d'Valorisation vu genau dëse Berufferleet an net, wéi bis elo, op eng Senkung vun de Käschten. Et spuert een net un der Gesondheet! Dat hu mer déi lescht Jore gesinn.

Hätte mer déi Suen, déi mer nämlech an deene leschte Joren hu mussen a Covid-Aidë stiechen, virun och nëmmen deelweis an den Ausbau vun der Gesondheetsversuergung gestach, dann hätte mer wuel deelweis – net ëmmer, heiansdo – manner streng Restriktiounen gebraucht, well d'Ressourcen do gewiescht wäeren. Vlächte hätte mer och méi streng Restriktiounen méi séier kënnen huelen, well d'Ressourcen do gewiescht wäeren, fir se ëmzesetzen.

Certes, mir hätten e méi staarken, e méi stabilen Gesondheetssektor gehat. An all Euro, dee mer an d'Gesondheetsversuergung investéieren, huet e positive Return on Investment. An dat mengen ech net fir de Privatséktor, mee dat mengen ech fir eis alleguerten. A genau dat, mengen ech, sollt u sech eng vun den Haaptkonklusiounen sinn, déi mer aus der Pandemie zéien, datt mer un der Gesondheet net spueren, mee staark ëffentlech Investitiounen brauchen, déi natierlech dann och eng méi gesond Populatioun mat sech bréngen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheetssministesch Paulette Lenert.

### *Prise de position du Gouvernement*

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Merci, Här President. Ech maache mer eng Fläsch op, net dass ech wéi kréien. An d'Stëmm ass nach net gutt.

Als Alleréischte och vu menger Sait e Merci fir dësen Debat. Et ass e ganz wichtegt Theema. En ass laang annoncéiert gewiescht. An trotz Pandemie, wäert Der gesinn, wann ech an den Detail ginn, hu mer grad dëse Froen eng gewësse Prioritéit ginn. Et sinn eng Rei Aarbechte gelaf ronderëm de Gesondheetssdësch, a lafen och elo. An do wäert ech am Detail drop agoen.

Ech hu bei der Preparatioun déi Punkten, déi ugi waren, genau respektéiert. Et ass eng éischt Partie, déi bäikomm ass: d'Konklusiounen vun der Pandemie fir onse Gesondheetssystem. Ech hu verstanen, dass Der dat wollt eigentlech achséieren op de Virage ambulatoire. Ech hunn et elo e bësse méi breet ugesat. Mee wann ech héieren, wat alles ugeschwat ginn ass vun Theemen, wäert Der gesinn, dass een effektiv ka Réckschlëss zéien aus dëser Pandemie op onse Gesondheetssystem.

Ech hunn dat opgedeelt a fënnf Domäne vun deene Constaten, déi mir op alle Fall vun eiser Sait aus gemaach hunn, à ce stade:

Dat ass eng Kéier am Beräich vun der Médecine primaire. Wat kann een doraus schléissen?

Et ass um Niveau vun der Prise en charge hospitalière.

Et ass um Niveau vun der Disponibilitéit vun Daten, also vun Donnéeën.

Et geet och ëm de Parcours patient; do hu mer eng Rei Saache geléiert; an dann e bëssen doriwwer eraus Enjeux um Niveau vum Achat, vun der Disponibilitéit vu Medikamenter, vun Dispositif-médicallenen, wat jo och eng grouss Thematik war, am Ufank vun dëser Kris zumindest.

D'Médecine primaire am Kontext Covid: Et ass ugeideit ginn, do hätt ee sech kënnen virstellen, dass eis Maison-médicallenen, wéi se 2010 en place gesat gi sinn, déi optimal Ulafstell wäeren, wa groussen Afflux ass mat enger neier Krankheet, déi optaucht. Et huet sech awer ganz schnell erweisen, dass justement déi Sitten, déi en place waren, sech net prêtéiert hu vun der Infrastruktur hier. Se waren ze kleng. Et krut een d'Fluxen net getrennt. Soudass mer ganz schnell hu mussen agesinn, dass dës Maison-médicallenen och vun hirer Gréisst hier total iwwerfuert waren.

An, Dir erënnert Iech, d'Pandemie ass scho laang, mee am Ufank hu mer do ganz schnell déi Centren op d'Bee gesat. Et ass eng zentral Organisatioun vun der Primärmedezinn, wann een esou wëllt, a ganz enker Zesummenaarbecht mat den Acteuren, mat den Dokterinnen an eiser Direktioun. Dat waren déi sougenannt „Centres de soins avancés“; esou hu se am Ufank geheescht an där éischter Phas. Dono si se zougemaach ginn. Duerno hate mer Centre-Covid. Dat waren am Fong geholl déi Ulafstellen, wou d'Patienten, déi e Verdacht op Covid haten, hin drainéiert gi sinn, fir do effikass zentral en charge geholl ze ginn.

Wat war vun dunn dat Positiivt? Eeben eng exzellent Zesummenaarbecht mam Terrain. Dat war e roud Fuedem duerch déi ganz Kris. Eng Stärkt vum Lëtzebuerg sinn déi kleng Weeër – eng grouss Motivatioun. Do sinn net vill Ënnerscheeder tëscht deem engen an deem anere gemaach ginn. Jiddwereen huet sech spontan zesumme fonnt fir matzehlëfen.



Doraus, wann ech elo op haut projezéieren: Wat huet dat mat sech bruecht? Ma, dass mer an enger Rekordzäit nei Maison-médicallen en place gesat hunn. Mir hunn déi ausgewieselt. Se sinn zum Deel operationell. Et ass eng am Süden zu Bieles, déi ageweit ginn ass. E ganz flotte Site, dee grouss ass, deen eng grouss Attraktivitéit och elo huet. Dann hu mer de Val Fleuri an der Stad. Am Norden ass Ettelbréck ugeduecht. Dat wäert nach e bëssen daueren. Do fänken d'Aarbechte virum Summer un. An am Osten ass ëmmer erëm à l'étude. Do maache mer och nach eng Kéier eng Bestandsopnam.

Ech géif hei just ganz gären drun erënneren, wa mer vun de Maison-médicall schwätzen: Do ass d'Proximitéit zu engem Spidol ganz wichteg. Déi Maison-médicall fänke jo d'Leit op ausserhalb vun den normalen Zäiten. Si sollen do och natierlech zu enger Entlaaschtung an engem gewëssene Sënn vun den Urgencé mathëllefe bäidroen.

Mee d'Proximitéit zu engem Spidol war ëmmer ee vun de Krittikären, dee maassgeebend ass. Mee nawell si mer och amgaangen, am Osten – ech kommen herno méi drop zréck – ze iwwerleeën, wéi een do kann an der Proximitéit eppes ubidden, wat sënnavoll ass. Ëmmer am Mooss natierlech och vun der Disponibilitéit vun Dokter. D'Maison-médicall fousen op engem Réseau vun de Generalisten, déi sech ofwiessele, fir d'Garde ze halen. Dat setzt viraus, dass där och genuch disponibel sinn. Dat selwecht kënn herno och an der Pédiatrie nach eng Kéier zum Ausdrock.

Mir hunn nach festgestallt, dass mer net richteg esou preparéiert waren, fir esou massiv an den Asaz ze goen, personalméisseg. Mir hunn do och improviséiert am Ufank. Mir hu gesinn, dass eis Réserve sanitaire ..., dass mer keng digital Datebank haten an esou weider. Dat heescht, vill Saachen, déi mer gemaach hunn, hunn ons direkt d'Schwächte gewisen, wou mer och elo dru schaffen. Ee vun de Projete vum Gesondheetsdësch ass den digitale Regëster vun de Gesondheetsberuffer. Dee soll lafend à jour gehale ginn an esou weider.

Och d'Telemedezinn géif ech gären erwänen. Déi war och schonn ugeduecht virdrun, awer ganz zaghaft. Se krut awer e richteg Coup de pousse während der Pandemie. Do ass en Tarif en place gesat ginn. Et ass en Outil ausgeschafft ginn, dee gutt funktionéiert huet. D'Doktere si forméiert drop. An alles dat huet am Fong geholl e gudden Effet secondaire da gehat, dass mer do e grouss Schratt no vir gemaach hunn an och kënne weider an déi Richtung schaffen. An deen éischte Schratt ass ebe gemaach. Dat ass oft dee schwiersteren, dee krut e Coup d'accélérateur duerch d'Pandemie.

Dann och nach an der Médecine primaire, ganz wichteg, am Beräich vun der Médecine sociale: Leit, déi méi ausgegrenzt sinn, déi kee feste Wunnsätz hunn, déi an der Prekaritéit liewen. Déi si scho per se méi ufälleg och fir Krankheeten. Och do do hu mer musse ganz schnell d'Prise en charge um Terrain verstärken, lafend duerch d'Pandemie, an der Preventioun, och an der Behandlung, mat Strukturen, déi mer och en place gesat hunn.

Ech erënneren un e Projet, deen zu Weiler ass, wou mer d'Leit vun der Strooss, déi e ganz schlechte Gesondheetszoustand hunn, konnt ophuelen – preventiv eeben. Och do si Saache schnell en place komm – déi wäerte mer perenniséieren –, déi ons gewisen hunn, wou nach Handlungsbedarf ass.

Alles dat si Saachen, déi wäerte bliwen.

Dann d'Prise en charge hospitalière: Wat hu mer do gesinn? Ben, d'Utilitéit vu Capacité-de-réserven, déi

een huet. Mir si ganz schnell op e Stufeplang gaangen, wou mer zousätzlech Moyenen à disposition gesat hunn. Alles dat weist, dass een iergendwou muss preparéiert sinn, mat enger Reserv, déi een huet, déi ee kann eropfuere en cas de besoin, mat engem deementspreechende Finanzéierungsschlüssel, enem Personalschlüssel. Dat kennt Der, dat ass de Stufeplang, deen nach en place ass.

Och wichteg: d'Separatioun vun de Fluxen. Mir wäerten déi Infrastrukturprojete mat engem anere Bléck kucken no där Pandemie. Mir hunn och do musse oprüsten, do esou „de fortune“ Saachen ëmbauen, fir kënne d'Fluxen ze separéieren. Dat ass alles nach en place haut. Et ass aus der Nout entstanen, mä wäert sécherlech mat an d'Reflexiounen iwwergoe fir d'Zukunft, wann een u Spideeler denkt, wéi déi musse opgestallt sinn, fir kënne am Noutfall ebe schnell mat esou separéierte Fluxen ze fonctionéieren.

D'Wichtigkeet vun der Pluridisziplinaritéit, och beim Covidpatient spezifesch: kuerz Weeër, nach eng Kéier.

Ech ginn e bësse schnell driwwer, well ech hunn nach vill Blieder hei leien. Et si vill Punkten, déi sollten ugeschwat ginn.

An och hei, eppes wat elo schonn oft zum Ausdrock komm ass: d'Wichtigkeet vun enger gudder Verzahnung tëscht dem Milieu hospitalier et extrahospitalier. Dat hate mer och spezifesch beim Covid, wou mer Strukturen en place gesat hu fir beispillsweis eeler Leit, déi net méi am Spidol hu musse sinn, awer nach net konnt zréck an d'Altersheem oder heem, déi mer dotëscht opgefaangen hunn. Dat sinn alles och Erfahrungen, déi mer elo gemaach hunn, déi eis wäertvoll Informatiounen ginn, Erfahrung ginn, fir eeben d'Zukunft ze denken.

Dann och de Parcours patient: Do hu mer och hei d'Geleeënheet gehat, d'Behandlung vum Covidpatient zentral unzuegoen. Et war en neie Patient. Do huet ee missen d'Käpp zesummestrecke fir ze iwwerleeën: Wéi maache mer dat? Eise Projet Long-Covid fonctionéiert och no deem Modell, wou Acteuren op enger ganzer Chaîne – hospitalier/extrahospitalier – zesummeschaffen, wou mer en définéierte Parcours hunn, wat eng kompetent Prise en charge erlaabt.

Alles dat sinn Erfahrungen, déi weisen, dass dat Weeër sinn, déi ee soll weiderdenken an der Normalitéit duerno. An der Hoffnung, dass mer déi elo geschwënn erëm voll a ganz hunn.

Dann – et ass oft erwänt ginn, mee ech kann et net méi wéi ënnersträichen -: d'Digitalisatioun. Gutt Daten! Dat ass extrem, extrem wichteg! Och hei hate mer nässchen en place, wat et am Fong erlaabt huet, zentral Daten ze erfasse fir dës Pandemie. Dat hu mer aus dem Näischt erstallt. A mir hu gesinn – dat ass eppes, wat Lëtzebuerg ausgezechent huet –, wéi wichteg et ass, dass een Indicateuren huet, dass d'Acteuren dat aspeisen. Sief et um Niveau vun de Laboen, vun de Spideeler, vun den Altersheemer.

Alles dat war net Normalitéit. Dat sinn alles eenzel Acteuren, déi fir sech responsabel sinn. Si hunn dat alleguere matgemaach. Dofir och nach e ganz grouss Merci an dësem Kontext un all déi Acteuren. Dat war vill verlaangt vun eiser Säit, mee et war extrem wäertvoll, dës Daten ze hunn. An dat gëtt ons och Confiance, dass mer wirklech hei e ganz grouss Schrëtt musse maachen.

Et sinn eng Rei Saachen en place, mee um Niveau vun der Digitalisatioun am Gesondheetssystem ass definitiv nach Loft no uewen. Ech mengen, do si mer ons eigentlech alleguerten eens hei am Sall. Et ass och eng vun onse grouss Prioritéiten, fir do e Coup d'accélérateur ze ginn.

D'Gouvernance wäerte mer och renforcéieren. Mir hu rezent am Regierungsrout och decidéiert, dass mer wirklech weiderschaffen, fir eis Agence eSanté op en nächste Level ze hiewen. Do wäerte mer a Richtung vun engem öffentliche Träger schaffen, dee wirklech déi Gesondheetsdaten, déi extrem sensibel sinn, soll kënne geréieren.

Alles dat sinn Aarbechten, déi lafen elo scho bei eis am Backoffice. Et si Reflexiounen, déi ugestouss gi sinn an der Pandemie an deemno och weider wäerte lafen.

Och ganz wichteg: de Rôle vum zukünftigen Observatoire de la santé. Wa mer vun Date schwätzen, brauch een och en Acteur, deen déi néideg Kompetenzen huet, fir déi Daten dann auszewäerten, fir Konklusiounen ze zéien, fir eng Basis ze liwwere fir eng gutt Planung an Zukunft fir eist Land. Dat, an och d'Zesummenaarbecht mat den Acteuren vun der Recherche net ze vergiessen, huet d'Gestioun vun der Kris ausgezechent an ass eppes, wat eng positiv Erfahrung war, wat mer wëlle weiderdreien.

De Parcours patient – dann nach eng Kéier, ech hat et schonn erwänt – hu mer hei en place gesat. Dat ënnersträicht erëm eng Kéier, dass dat de Wee ass. Och dee vun de Réseau-de-compétences; ech kommen herno drop zréck. Dat ass jo ee vun de spezifische Punkte vun dëser Debatt.

Telemedezinn an Hospitalisation à domicile am selwechten Otemzuch.

Dann dee leschte Punkt, och nach eng Kéier covidbezunn, dat ass – wat mer gesinn hunn, alleguerten, net nëmme Lëtzebuerg, mee och all déi aner Länner an Europa –, wéi vulnerabel mer waren. Et muss ee sech virstellen, dass mer am Ufank hu musse feststellen, dass mer net amstand sinn, eis eegen Aspirinnen hei ze fabrizéieren, dass mer total ofhängeg si vun engem globale Maart.

Dat soll eis all zesummen ze denke ginn, wou d'Investissementen an nächster Zukunft musse higoen. Mir solle méi onofhängeg ginn. Dat brauch een, mengen ech, grad dës Deeg net genuch ze ënnersträichen. Dat ass eng Evidenz. An do ass de Rôle vun der Europäescher Unioun ganz wichteg. Si kënne do eng Roll spillen: bei gemeinsamen Achten – hu mer jo och alles gesinn –, bei engem Support, dee se kënnen de Länner liwweren. Mir brauchen do méi eng grouss Autonomie als Europa an och als Land, mee virun allem als Europa.

Konklusiounen fir eis ... Eng Erfahrung sécherlech, dës Pandemie, déi mer sollen auswäerten. An eis Konklusioun ass, dass een déi Auswärtung net soll iwwerstieren. Et gëtt vill no enger Loi pandémie gefrot. Mir sinn der Meenung, dass mer hei sollen e gewëssene Recul huelen, dass mer solle vergläiche mam Ausland. Mir hunn Etüde lafen. Mir ginn evaluéiert vun enger OECD. An ech mengen, dass de Recul hei grad ganz, ganz wichteg ass, dass ee sech déi néideg Reflexioun soll ginn, fir genau ze analyséieren: Wou leien eis Stärken? Wou haten aner Länner hir Stärken? A wat ass letztendlech dat, wat mer eis solle mat op de Wee huele fir d'Zukunft?

Den internationalen Echange schéngt mer hei maassgeebend. A mir sinn – et dierf een et net vergiessen – nach ëmmer awer an der Pandemie dran; och wann et grad méi en entspaante Moment ass.

Dann zum zweeten Deel vun haut: „Virage ambulatoire“ intituléiert. Dir hat do sechs Punkte virginn, déi Der wëllt méi spezifesch abordéieren. Ech hunn och meng Interventioun no deenen, déi drastoungen, strukturéiert. Dat ass ugaange mat der Hospitalisation à domicile.



Mee vläicht eng Kéier, am Ufank, zum Virage ambulatorio. Ech si ganz frou, et ass direkt an der Introductioun ervirgestrach ginn. Ech hunn nach ni en Term héieren, dee wuel eng kloer Definitioun huet, mee deen esou ënnerschiddlech verstane gëtt. Et muss ee soen, dass et net onkloer ass, mee jiddwereen huet iergendwou do eppes, wat en hannendru gesäit a versteet. Dat mécht d'Diskussioun komplizéiert.

Ganz oft gëtt „Virage ambulatorio“ mat „Extrahospitalier“ vermëscht; wat et eigentlech guer net ass. Wat ass e Virage ambulatorio? Ben, dat ass eng Bestriewung, fir eeben am Sënn vun enger besserer Prise en charge de stationären Openthalt vum Patient erfotzesetzen. Nei Technologieën maachen dat méiglech. De Fortschritt mécht et méiglech. Domat ass eng besser Sécherheet fir de Patient garantéiert.

Wat e manner laang am Openthalt ass, wat säi Risiko – dat ass och schonn e puermol erwänt ginn – fir nosocomial Infektiounen méi kleng ass, wat e méi e grouse Confort huet. D'Leit wëllen haut éischter heemgoen. A wat mer natierlech och letztendlech op eng Entlaaschtung vun onse Spideeler kënnen hiwirken. Dat ass den Trend generell.

Dat ass dat, wat een u sech ënner „Virage ambulatorio“ versteet. Donieft stelle sech natierlech nach eng ganz Rei aner Froen. Do wäerte mer drop agoe bei deenen eenzelne Punkten.

Hospitalisation à domicile ... Éier ech domadder ufänken, wollt ech och nach eng Kéier generell op de Gesondheetsdësch agoen. De Gesondheetsdësch ass de 14. Februar 2020 lancéiert ginn. Dat war e puer Deeg, éier d'Pandemie lassgaangen ass. De But war et justement, de Gesondheetsystem ze denken, mat den Acteuren zesummen, Iddien ze sammelen. Dat ass keen Organe de décision. Et ass eng Plaz, wou sollen Iddien ausgetosch gi mat sämtleche Partie-prénant, déi ronderëm de Gesondheetsystem fonctionnéieren.

D'Chamber – dat ass richteg – sëtzt net mat um Dësch, ass awer ëmmer informéiert gewiescht. De Gesondheetsdësch huet getaagt. Et ware sechs Aarbechtsgruppen, mat enger Rei Aarbechtsgruppe ronderëm déi Aarbechtsgruppen, déi funktionéiert hunn. Do ware ganz, ganz vill Reuniounen, trotz der Pandemie. Et ass net an deem Schrëtt weidergaangen, wéi ee sech et idealerweis erhofft hätt. Mee ech muss soen, letztendlech, réckbléckend, sinn ech eigentlech zefriden, dass dës Aarbechten dach awer konnten an engem gewëssenen Tempo weidergoen.

Mir hunn och Bilanen dozou gemaach. Et wor zweemol e Bilan an der Chamberskommissioun – eng Kéier den 23. Februar, war dat, an eng Kéier den 22. Juli d'lescht Joer –, wou mer en detailléierte Bilan mat Presentatiounen gemaach hunn. Et gëtt och zum Gesondheetsdësch en extra dediéierte Site. Dat ass de gesondheetsdesch.lu, wou een Dokumenter fënnt.

Nëmme fir Iech ze illustréieren: Do sinn extreem vill Dokumenter produziéiert ginn. D'Acteuren haten allkéiers d'Méiglechkeet, am Virfeld vun der Reunioun, sech anzubréngen mat Presentatiounen. An deem Kontext sinn insgesamt 22 Dokumenter – ech hat dat gëschter nogekuckt – produziéiert ginn. A si haten d'Méiglechkeet ex post, dat heescht no der Reunioun, wa se nach Reflexiounen haten, och eppes eranze ginn. An där Dokumenter sinn dann nach eng Kéier 31 produziéiert ginn.

Et kann een also net soen, dass während der Pandemie hei chôméiert ginn ass. Och wann et, aus verständleche Grënn, net esou acceleréiert war, wéi ee sech et gewënnscht hätt, ass dach awer hei ganz vill gelaf an et leeft nach vill. An dat ass wichteg.

Et sinn och Schwéierpunkten identifizéiert ginn, Enjeux fir eist Land, déi sech wäitgeend decke mat deem, wat ech hei och héieren hu vun alle Säiten. Dat ass: Generell war e Konsens do, dass mer eng Amélioratioun brauchen um Niveau vun der Organisatioun vun eise Soin-primaires – ganz wichteg.

Et ass e grouse Schrëtt gemaach gi mam Spidols-gesetz am Secteur hospitalier, mee jiddwereen ass sech eens, dass och um Niveau vun de Soins primaires Handlungsbedarf ass. Dass et och eng global Vue brauch vum Gesondheetsystem. Dofir ass jo och: Wat à la clé ass vum Gesondheetsdësch soll e Plan national santé sinn als e Ganzt, deen eng gutt Verzanung méiglech mécht, deen eeben eng Visioun gëtt vun engem Gesondheetsystem, deen dat Ganzt ofdeckt an deen net segmentéiert ass.

An et ass och unanime festgehalen ginn, dass de Virage ambulatorio an deem Sënn, wéi ech et virdu gesot hunn, soll favoriséiert ginn, dat fir de Confort vum Patient, dat, fir eeben eng méi grouse Sécherheet, dass iwwer en dediéierte Finanzement vum Ambulatorio soll nogeduecht ginn an dass een och eeben d'Fro muss stellen: Wou soll dee Virage ambulatorio realiséiert ginn? Wat muss am Spidol sinn? Wat kann extra muros, also ausserhalb vun de Spidol-Strukturen, stattfannen an esou weider.

Dat heescht, dat waren déi Haaptfeststellungen, déi mer haten, wat d'Schwéierpunkte betrëfft.

Dann, déi méi spezifesch Froen: D'Hospitalisation à domicile ass och identifizéiert ginn. Hei sinn eng ganz Rei Reflexiounen um Gesondheetsdësch gelaf. Mir kruten och ganz interessant Pabeieren, ënner anerem vusäite vun der COPAS an deem Besuch. An et stelle sech d'Froen ... Wéi eng Froe stelle sech? Si sinn och hei schonn tangéiert ginn. Dat ass: Wéi e Patient kennt a Fro, fir eeben à domicile hospitaliséiert ze ginn? Wéi eng Soine kommen a Fro? A wéi enge Konditiounen? Wien iwwerhëlt d'Responsabilitéit? Bis zu wéi engem Punkt ass dat d'Responsabilitéit vum Spidol? Ab wéini kann dat switchen? Dat ass och eng Fro vu Verantwortung. An do kann ech Iech berouegen: Do ass, nientend deene Pilotprojeten, déi mer spezifesch lafen hunn ..., dat ass de Soin palliatif am Norden, dat ass erwänt ginn, an och d'Psychiatrie am CHNP. Dat si Pilotprojeten, déi weiderlafen, mee en attendant kommen d'Aarbechte gutt weider. Ech hat nach d'lescht Woch eng Entrevue mat der FHL, wou ech annoncéiert kritt hunn, elo zäitno en éischt Konzept virgestallt ze kréien, dat ausgeschafft gëtt mat de concernéierten Acteuren, mat der COPAS an och mat dem Rehazenter.

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Ministesch, erlaabt Der, datt den Här Wiseler Iech eng Fro stellt?

**Mme Paulette Lenert**, Ministère de la Santé | Selbstverständlech. Et ass un Iech, Här President, dat ze erlaben.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Madamm Minister, ech wollt am Fong just froen, well Der déi zwee Projeten do ugeschwat hutt a mer awer virun engem Joer Diskussiounen iwwer de Finanzement vun deenen haten, ob déi Projeten elo sécher sinn, datt se hire Finanzement ...

**Mme Paulette Lenert**, Ministère de la Santé | Jo.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | ... kënnen bäibehalen, bis dann eventuell en neie System kennt.

**Mme Paulette Lenert**, Ministère de la Santé | Ech kann Iech berouegen. Dat ass gekläert. Dat leeft weider, ...

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Da soen ech Iech Merci.

**Mme Paulette Lenert**, Ministère de la Santé | ... soulaang bis mer ...

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Dat ass ganz léif!

**Mme Paulette Lenert**, Ministère de la Santé | ... effektiv deen nächste Projet dann eebe kënnen perenniséieren. An do, wéi gesot, et ass annoncéiert, ech hunn elo kee genauen Datum, mee d'Leit waren zouversichtlech, dass se deemnächst kéinte virstelleg ginn, fir en éischte Projet virzustellen.

Dann deen zweete Schwéierpunkt, deen Der an Ärer Ufro hat, war d'Pratique en groupe, also wéi d'Dokteren kënnen zesummeschaffen a wéi d'Kollaboratioun mat de Spideeler kann ausgesinn. Ech géif do gären ervirsträichen, dass dat Zesummeschaffen haut schonn eng Realitéit ass. Ganz vill Profession-libérale schaffen ënner der Form vun Association-de-faiten zesummen. Et kann ee soen, dat ass e bëssen e juristesche Wildwuchs, mee et ass awer eng Realitéit hei um Terrain, déi och esou vusäite vun der Gesondheetskeess unerkannt ass. Wann esou e Grupp do ass, dann hunn déi hir eegen Nummer, ënnert där se gefouert ginn. Dat ass also näischt, wat mer nei entdecken. Et gëtt et. Et ass eebe just net reglementéiert. Et ass net gereegelt. An dofir schaffe mer eeben och spezifesch un engem Projet, fir a Richtung vun enger Gesellschaftsform ze goen. Dir erënnert Iech: Beim leschte Bilan vum Gesondheetsdësch, dee mer an der Santéskommissioun haten, hu mer do schonn éischt Linne virgestallt. Mir hunn och eng Rei rout Linnen, wann ee sou ka soen, déi mer do oppegeluecht hunn, vusäite vun der Regierung. Fir eis muss et wichteg sinn, wa mer esou e Kader schafen, dass dat keng kommerziell Aktivitéit ass. Dat soll kloergestallt ginn. Et soll och de Gesondheetsberuffer virbehale ginn. Dat heescht: Mir wëllen do keng Finanzleit, déi sech kënnen an esou eng Gesellschaft erakafen. Et solle Leit sinn, déi hei als Gesondheetsberuffer zu Lëtzebuerg zougehoos sinn an exklusiv där. An déi Leit sollen natierlech och perséinlech haftbar bleiwen an hire professionellen Obligatiounen an esou weider.

Dat ass Neiland, effektiv. Mir hu bis elo keng Virgaben. Och net am Hospitalier, wéll ech soen. Am Hospitalier hu mer och privatwirtschaftlech Strukturen, déi do aktiv sinn. Dat heite wär fir Lëtzebuerg Neiland. Et ass awer och e Fakt, dass mer effektiv e Vide juridique do hunn. All aner Länner ronderëm ons hunn do längst scho Modeller en place. A bei eis lafen do d'Aarbechte relativ gutt, fir eeben ënnert deene Virgaben, déi mer ginn hunn, eppes typesch Lëtzeburgergesches op d'Been ze kréien, wat mat enger Rei Garantien verbonden ass an eebe justement Abusen a lukrativen Iwwerleeungen entgéintwierkt.

Firwat fërdere mer dat? Well mer iwwerzeegt sinn, dass d'Mutualisatioun de Wee ass. Wa mer gäre staark Strukturen hätten iwwer Land an der Médecine primaire, dann hu mer allegueren Interêt, dass d'Leit sech zesummendoen, dass se hir Moyenen zesummesetzen.

Mir hätte gären d'Digitalisatioun en place. Dat geet mat Investissementer Hand an Hand. Dat ass alles anescht haut, wéi dat vläicht virun 20, 30 Joer war. An et ass sécherlech méi einfach, wann ee sech kann zesummendoen, d'Moyenen zesummeleeën, fir sech modern opzustellen, wann ee sech kann och Ressourcen deelen. Ech denken un e gemeinsaamt Sekretariat un eng gemeinsam Informatik an esou weider.

Och Aspekter natierlech vu Work-Life-Balance: Mir wëssen, dass Leit haut awer oft drop aus sinn, sech d'Aarbecht opzedeelen, dass een net onbedéngt méi wëllt dee ganzen Dag vu moies bis owes spéit amgaange sinn, mee sech d'Aarbecht mat anere Kollegen deelt.

Mir striewen och eng gewësse Gläichheet un, wat d'Organisatioun vum Beruff ugeet. Et ass an engem



Land u sech normal, dass ee sech an enger Gesellschaftsform kann zesummefannen, fir och Privat a Professionell kloer ze trennen um Niveau vun den Aktivitéiten.

Alles dat ass u sech eng Normalitéit, déi mer hei wëllen en place kréien. An domadder als Ëmfeld hei zu Lëtzebuerg och am Endeffekt méi attraktiv ginn, fir Leit heihinner unzezéien.

Wann een zesummeschafft, da kann een och d'office ... Ech si perséinlech och e grouss Frënd vun der Pluridisziplinaritéit, grad am ländleche Raum. Et gëtt Plazen, wou et sécherlech fir den eenzelnen net interessant ass, sech niddereelassen, mee wann een dat ka gemeinsam maachen, mat Presencen, zum Beispill op engem bestëmmte Wochendag an esou weider, ginn do awer Méiglechkeete geschafft iwwer en intelligent Zesummeschaffen, wat dem Patient an dem Bierger e flotten Accès ka ginn zu medezinneschen Dëngschtleeschungen, fir déi e sech anerwärts hätt missen deplacéieren, vun engem bei deenen aneren. Also et ass schonn e Facteur d'attractivitéit, wann een op enger Plaz eng gewësse kohärent Offer ka virfannen.

Mir hunn och musse feststellen, dass déi Primm vun 10.000 Euro, déi ugeduecht gi war als Incentive fir Gruppepraxissen – dat war eng Prime unique – net gegräff huet. Et huet leider keen déi ugefrot. Dat war mat Konditiounen verbonden, justement e Minimum vu véier Dokter, war gefrot. Et war eng gewësse Flexibilitéit bei den Heure-d'ouverturë gefrot an och d'Utilisatioun vum DSP, dat heescht, e gewëssene Grad un Digitalisatioun. An do muss een einfach nëmme feststellen, dass wann een dat verlaangt, dass dat mat gréisseren Investissementer verbonden ass an dass déi Primm sécherlech net dat bewierkt, wat ee sech erwaart hätt.

Mir iwwerleeën also do, fir aner Weeër ze goen. Do sinn och Reflexiounen amgaangen, wéi een dat ka facilitéieren, iwwer Tariffer an esou weider. Ech kann Iech awer do elo nach net e Resultat presentéieren. Ech kann Iech just soen, dass och do Iddien um Dësch sinn, wéi een esou Gruppepraxissen, wéi ee se haut schonn huet oder spéider an enger Gesellschaft – ech soen, dat mécht am Fong keen Ënnerschied –, kann ënnerstëtzen an d'Aarbecht am Réseau fërderen.

Mir wäerten och um Geoportail dru schaffen, fir eng besser Visibilitéit ze kréien iwwer d'Médecine primaire, wou een eng Couche Santé drop wäert leeën.

Alles dat si kleng Projeten, déi um Laf sinn. A mer erwaarden eis och, duerch eng Stärkung vun der Strukturen an der Médecine primaire, eng besser Verzanung mat de Spideeler, mam Hospitalier. Wann een eng Zesummenaarbecht huet, déi professionell ass, huet een natierlech och Interêt, staark ze sinn als Grupp, fir do och méiglechst effikass kënnen zesummeschaffen.

Dann, war deen nächste Punkt, deen Der wollt uschwätzen, d'Réseau-de-compétences. Mir hate se haut am frëie Mëtten eng Kéier ugeschwat. Dat ass eppes, wat am Spidolsgesetz virgesinn ass, fir eeben och iwwergräifend tëscht dem Hospitalier an dem Exrahospitalier d'Leit beieeneenzebréngen an esou eng besser Qualitéit vun der Prise en charge ze garantéieren.

Mir hunn do eng ganz Rei Projeten, déi prett sinn. Mir hunn entre-temps sechs esou Projeten, déi bei eis erakomm sinn. Et ass bis elo nach keen offiziell approvuiert. Dat leeft iwwer d'Commission de gestion interhospitalière, déi effektiv ënnerbrach war an hiren Aarbechten, well déi zoustänneg Leit wierklech prioritär op der Kris geschafft hunn. Mir hunn awer déi Aarbechten elo erëm opgehol. Véier

Dossiere si komplett, hunn ech mer soe gelooss, a wäerten och elo deemnächst um Ordre du jour sinn. Wéi eng sinn dat? Dat ass d'Immuno an d'Rhumato, dat ass de ParkinsonNet, dat ass d'Obesitéit vun de Kanner an et ass d'Schmäerzthematik, déi mer scho virdrun ugeschwat haten.

Ech kann Iech also do optimisteschem stëmmen – ech sinn et op alle Fall emol selwer –, dass dat elo relativ schnell virueet; wëssend, dass natierlech e gewëssene Retard komm ass.

Dann hat Der, och ganz kuerz – et huet keen et erwänt –, de Krankentransport ugeschwat. Ech ginn och elo net ze vill am Detail drop an. Och do ass en Avant-projet an der Elaboratioun. Mir ginn dovun aus, dass mer deen an den nächste Méint kënnen erabréngen. Och dat ass ee vun deene Projeten, déi e bësse leie bliwwen sinn. Et ass villes leie bliwwen. Ech kann et net oft genuch soen. An eis Ambitioun ass natierlech elo méiglechst e gudde Choix vun deem ze maachen, wat mer nach prioritär behandelen. Mat zwee Joer Kris wäert et net méiglech sinn, alles nach esou ofzewéckelen, wéi mer et hätte wëlle maachen, wa mer déi Zäit zur Verfügung gehat hätten. Mee dorunner schaffe mer och.

Dann hutt Der d'Pédiatrie de proximité och wëllen uschwätzen. Och do ass dat eng grouss Prioritéit.

D'Pédiatrie de proximité gehéiert zu engem gudde Gesondheetssystem ..., dass dat liicht accessibel ass. Do hu mer, nieft eise Service national spécialisé – d'Neonatalogie, déi an der Kannerklinik ass – eng ganz Rei Iwwerleeunge lafen. Mir hunn och do en Aarbechtsgrupp, deen iwwer déi lescht Méint mat eiser Direktioun an och mat de Pédiereren zesumme-komm ass.

Am CHL do sinn d'Reflexiounen éischtens emol, fir d'Heure-d'ouverturë vun der Maison médicale pédiatrique am Zentrum, déi an der Kannerklinik ass, auszuweiden, d'Plagë jeeeweils ëm zwou Stonnen auszuweiden. Ech ginn elo net op den Detail an. An awer och: Ech hat net méi spéit wéi d'lescht Woch eng Entrevue mat Esch, wou se hir Pédiatrie de proximité wierklech rëm reaktivéieren. Déi war zréckgeschrafft ginn. Dat ass e Projet, deen ech absolutt ënnerstëtzen, an ech krut och confirméiert, dass mir deen Dossier ganz zäitno wäerten erëmkreien. Dee wäert och déi néideg Prioritéit bei eis kréien. Dat wäert natierlech och eng Entlaaschtung fir den Zentrum ginn.

Am Norden hu mer am Moment eng Permanence lafen am Nordspidol, Weekender a Feierdeeg. Ech hu mer soe gelooss, dass am Moment e Problem vun Disponibilitéit u Pédiereren ass, fir do eng Maison médicale pédiatrique um Lafen ze halen. Mee och dat sinn Diskussiounen, déi bei eis ustinn. Et ass sécherlech en Domän, dee bei eis op der Prioritéitelëscht steet.

An dann dat lescht Thema: d'IRMen. Dat hat Der am Fong geholl esou artikuliert, dass Der wollt wëssen, wat nom Arrêt vun der Cour constitutionnelle vum 5. Juli 2019 geschitt. Dann erlaabt Der mer, dass ech erëm eng Kéier kuerz op deen aginn.

Wat ass geschitt duerch déi Rechtssprechung, déi mer do kritt hunn? Dat ass e Litige, dee ronderëm eist Dokteschgesetz entstanen ass. Et ass wichteg, dat ze verstoen. D'Dokteschgesetz, dat ass nämlech eng Saach. Dat huet en Artikel 19. An dat hat an engem Règlement grand-ducal am Fong geholl an Opdrag ginn ze definéieren, wéi eng Ekipementer net kënnen an engem Cabinet sinn. Dat heescht, dat ass e Gesetz, wat aus der Perspektiv vum Dokter kuckt: Wat dierf net am Cabinet sinn? A well mer hei an enger Matière réservée sinn, net d'Gesondheets-Matière-réservee,

wéi ee vläicht kéint mengen, et ass net dorobber, wou et gekippt ginn ass, et ass am Fong geholl d'fräit Exercéiere vum liberale Beruff, wat hei zur Debatt stoung. An d'Cour constitutionnelle ass zur Konklusioun komm, dass een esou e Grondrecht, fir sech als Fräiberufler ze etabléieren, net kann oncadréiert – loosse mer mol soen – delegéieren op e Règlement grand-ducal, dass dat e graven Aschnëtt ass, an dass et do muss gewësse Ramebedéngunge ginn. Dofir ass deen Text gefall.

Ech géif awer gären ënnersträichen, dass ëmmer vergiess gëtt – et ass elo e puermol hei ugeschwat ginn –: Et gëtt net just en Dokteschgesetz. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg och e Spidolsgesetz vum 2018. An den Dokter ass net just ..., also en ass engersäits natierlech e Fräiberufler, dee säi Beruff exercéiert, mee hien ass och donieft e Prestataire de service op engem gereegelten a reglementéierte Marché vun de Gesondheetsdëngschtleeschungen. An dat ass en am Kontext vum Spidolsgesetz.

**M. Fernand Etgen, Président |** Madamm Ministesch, erlaabt Der, datt d'Madamm Oberweis Iech eng Fro stellt?

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé |** Jo.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) |** Merci, Madamm Ministesch, dass ech Iech dierf eng Fro stellen. Den Arrêt seet jo u sech, dass et gekippt gouf, well et en Domaine réservé à la loi ass.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé |** Jo.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) |** Et ass jo net einfach esou, dass dee Règlement gekippt gouf. Mee well si soen u sech, sou wéi ech et verstanen hunn op jidde Fall, et dierft kee Règlement sinn, mee et misst an engem Gesetz stoen.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé |** Genau.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) |** Meng Konklusiounen, déi ech doraus zéien ass, dass Dir kéint déi Lëscht an d'Gesetz aschreiwen. Et ass vläicht e ganz naiiv Verständnis dovunner, mee esou verstinn ech et. Wann et am Gesetz géif stoen, wier et net gekippt ginn oder géif et net gekippt ginn. Kéint een déi Konsequenz net draus zéien? Dann hätt Der erëm dat ..., da wiere mer erëm an der Situatioun vu virdrun. Dann hätte mer eng Protektioun vun deenen Ekipementer. Well elo si mer jo an engem Vide total.

Merci.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé |** Nee, mir sinn net an engem Vide total. Dat war dat, wat ech grad amgaange war ze erklären. Dofir hunn ech gesot: Opgepasst, et gëtt zwee Gesetze. Mir hunn engersäits e Gesetz iwwer d'Dokteschpraxissen, wat verschidde Saachen do net méiglech mécht. Mir hunn awer en anert, an dat ass am Fong a mengen Aen juristeschen Nieweschauplatz, mir hunn am Fong 2018 en anert Gesetz, wat de Marché reglementéiert, nämlech dee vun de Spideeler. Deen ass hei vill an der Debatt gewiescht, an do ass et ganz, ganz kloer, dass verschidde Ekipementer de Spideeler virbehale sinn. Dat heescht: Déi Monopolpositioun vun de Spideeler, déi entspréngt dem Spidolsgesetz. An dat ass net tangéiert duerch déi Jurisprudenz. Dat heescht, et ass am Fong geholl doppelt gemoppelt. An am Moment hu mer nach ëmmer e Spidolsgesetz, wat ganz kloer de Monopol vu verschiddeenen Aktivitéiten bei de Spideeler huet. An dat heescht, fir et ganz konkret ze faassen: Wann ech en IRM exploitéieren, dann ass dat e Service vun engem Spidol. Dofir muss ech als Spidol eng Geneemegung hunn, fir dat ze maachen, a wann ech déi Geneemegung net hunn, da kann de Gesondheitsminister dat zoumaachen. Dat ass haut d'Situatioun, wéi se ass.



An dat heescht: Wa mer iwwerleeën, wat ee kann ausserhalb vum Spidol maachen, da gëtt et verschidden Usätz, déi ee kann hunn. Et muss een driwwer nodenken, wéi ee virun allem un d'Spidolsgesetz geet, well dat kréie mer net aus de Féiss. Dat wäert bestoe bleiwen, och wann ee souguer dat anert géif änneren, géif dat näischt um Spidolsgesetz änneren. Wat d'ailleurs an der Zäit duerno komm ass, ass vun 2018, dee Monopol, dee gesat ginn ass.

An deem Sënn ënnerleien an eisem System eng ganz Rei Aktivitéiten enger Planifikatiounslogik. Dat ass deen Hospitalo-centrisme, deen ugeschwat ginn ass. Deen ass rezent, wann ee sou wëllt, dat ass e Gesetz vun 2018. Dat ass näischt ales, muffeges. An trotzdeem hu mer ons u sech bereeterkläert, fir doriwwer nozedenken an eng Kéier ze evaluéieren, ob dee Monopol, deen op deenen Aktivitéiten ass, ob deen esou nach ëmmer gerechtfertegt ass, ob een dat kann iwwerdenken, ob et Méiglechkeete gëtt, et iwwer Ouverturen ze maachen, wëssend, dass eeben eng ganz Rei Aktivitéiten, déi hei zu Lëtzebuerg an d'Planungslogik falen an haut Monopol vun de Spideeler sinn, dat am Ausland net sinn.

An dofir hu mer u sech um Gesondheetsdësch hei weidergeschafft, fir ze iwwerleeën, wéi ee ka sënnvoll un déi ganz Cadres légaux goen. An et sinn der zwee. Et ass net just d'Gesetz vun 1983, wat zur Debatt stoung. Et ass donieft e Spidolsgesetz. An dat ass absolut net vun där Jurisprudenz tangéiert. An et gëtt zu deem Zäitpunkt och kee Prozess ronderëm dat Gesetz, soudass mer am Fong geholl hei an engem rouege Kontext sinn. Dee Monopol, dee misst fir d'éischt eng Kéier ugefecht ginn, fir ze falen, an dat wëlle mer eigentlech net. Et ass net eis Intention ze prozesséieren. Et ass eis Intention, mat allen Acteuren zesummen ze kucken, wéi mer kënnen den Environnement hei zu Lëtzebuerg gestalten, am Sënn vun eisem Land an am Sënn vun eise Prinzippien.

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Ministesch, erlaabt Der, datt d'Madamm Oberweis Iech nach eng Fro stellt?

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Jo.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci. Et ass just, fir wierklech ze verstoen. Ass dat dann déi selwecht Lëscht, déi am Spidolsgesetz steet, wéi déi aner Lëscht, déi eebe gekippt gouf?

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Nee, dat sinn der zwou.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Oder sinn dat aner ...?

(*Interruption par M. Mars Di Bartolomeo*)

Et deet mer leed, wann ech dat net ... Et ass net kloer fir mech.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | ... Madamm Oberweis, dat ass, dass d'Spidolsgesetz ...

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Et gëtt zweeërlee Lëschten an Annexen. An déi stëmmen gréisstendeels iwwereneen, awer net zu 100 %. Dir hutt effektiv Equipements lourds. Déi eng fannt Der erëm op deenen zwou Plazen oder net. An et sinn, wann Der mer eng Chance gitt, op den Detail vun den Aarbechten ze kommen, justement déi Aarbechten, déi am Moment bei eis lafen.

Et gëtt och an de Grondrechter, niewent deem Grondrecht, wat vun der Cour constitutionnelle zréckbehalde ginn ass, en anert: Dat ass eeben d'Recht op d'Gesondheet. Och dat ass eng Matière réservée: d'Sécurité sociale an d'Gesondheet. Do ass et allerdéngs esou, dass et ugeholl ass, och op europäeschem Plang, dass do kënnen Aschnëtter an d'Libre

prestation de services gemaach ginn. Dat ass en Acquis an Europa, dass ee justement och kann an eng Planungslogik eragoen. Dat heescht: Dat Gesetz steet u sech méi stabil op de Féiss wéi dat anert, wou guer näischt kadriert war, einfach eppes opgeléicht ginn ass, während d'Spidolsgesetz an enger Planungslogik geschriwwen ass, déi prinzipiell méiglech ass, op alle Fall an der europäescher Gesetzgebung.

A wéi engem Kontext sinn esou Restriktiounen méiglech? Eebe justement dann, wann d'finanziell Nohaltegkeet vun enger Sécurité sociale an d'Spill kënnt an eeben och ganz spezifesch am Kontext vun nationaler Planungslogik. An dat ass genau dee Kader, dee mer hei hunn an och grad de Kader eebe spezifesch fir den IRM.

Am Kontext vum Virage ambulatoire, ech hat et virun erwänt, hu mir eis bereeterkläert ze evaluéieren, ouwuel an deem spezifische Beräich, deen eeben Objet vum Litige ass, dat ass dee vun der Diagnos an der Radiologie, mee awer och méi generell, ob elo aner Beräicher kéinten a Fro kommen, wou een dee Monopol eventuell oplockert och net. De Spidol-monopol ass gekoppelt un eng Planungslogik an awer och un e ganz spezifesch Finanzéierungsmechanismus, deen anescht ass wéi am Extrahospitalier. An et ass effektiv sécherlech sënnvoll ze kucken, a wéi fern alles nach zäitgeméis ass, ob déi Annexen an der Rei sinn oder ob de Moment ass, déi eng oder déi aner Ouverturen ze maachen.

Wat bedeit elo Evaluatioun? Evaluatioun, dat bedeit an enger éischer Phas, am Interessi vum Patient ze kucken, wéi eng Aktivitéit fuerderen zum Beispill ganz kloer eng Presenz op engem Site hospitalier. Do gëtt et eng Rei Saachen, wou et evident ass, dass ee muss um Spidolssite sinn, well do eng ganz Rei aner Services present sinn, déi musse sinn. Dat heescht dat ass eng éischt, méi eng technesch Analys, déi mer musse maachen. Wou mécht dat iwwerhaupt Sënn vun engem medezinneschen Standpunkt an och am Sënn vun der Sécherheet vum Patient, fir eraus aus engem Spidol ze goen?

Dann ass déi nächst Fro, déi ee sech muss stellen, wann een dann elo extra muros eppes ubitt – extra muros heescht ausserhalb vum Site vum Spidol –: Ënner wéi enge Bedéngunge soll dat da sinn? Da si mer nach guer net bei der Fro, wien dat mécht a wéi vill a wat ee brauch. Et ass einfach just och erëm eng Kéier technesch, wann et Aktivitéit sinn, déi am Moment iwwer eis Gesetzgebung exklusiv dem Spidol virbehalde sinn, a mir kommen zur Konklusioun: Dat ass eppes, wat ee kann extra muros maachen. Da muss een dat begleede mat Konditiounen, awer eng Kéier fir d'Sécherheet vum Patient an esou weider, a wéi ass et mam Personal, wat do aktiv ass ... Dat heescht, do kommen eng ganz Rei Ramebedéngungen, déi musse kloergestallt ginn. Dat sinn och Aarbechten, déi bei eis e bëssen an d'Stocke komm sinn, mee déi awer lafen um Niveau vun eiser Direction de la santé, fir eeben e Screening ze maachen, wat ënner wéi engen Ëmstänn kéint gemaach ginn.

Dann, déi ganz weesentlech Fro ass natierlech och déi vun der Offer. Mir sinn e System, dee wäitgeend iwwert d'Deniers publics bezuelt gëtt. Dat heescht, mir mussen ons d'Fro stellen: Hu mer e Besoin? Wann ech aleng un d'IRM denken, war d'Situatioun, wéi déi ganz Prozesser ugaange sinn, eng aner, wéi se haut ass. Mir hunn entre-temps ganz vill zousätzlech IRM kritt. An och do muss ee sech ëmmer erëm d'Fro stellen – an net nëmmen d'Fro stellen, mir schaffen och dorun: Wat sinn eis Besoinen? Do sinn eis Leit ganz aktiv. Mir hunn do Aarbechte lafen, och mat der IGSS zesummen, mat eiser Direktioun, fir eeben ze

evaluieren: Wéi sinn d'Besoinen hei zu Lëtzebuerg? Mir hunn eng ganz Rei Donnéeën, wéi déi Apparater belascht sinn.

Mir hunn och iwwert d'Grenzen eraus gekuckt, wéi sou Planungen an anere Länner gemaach ginn, no wéi enge Methodologien. An do schaffe mer intensiv drun, fir eeben och elo zäitno mat enger Konklusioun ze kommen, spezifesch fir d'IRMen, well dat eng Problematik ass, déi halt eng gewësse politesch Visibilitéit am Moment huet, duerch déi Prozesser, déi geféiert ginn, mee och doriwwer eraus.

(*Interruption par la présidence*)

Dat heescht, besteet eng ...

(*Interruption par la présidence*)

Ech sinn ze laang?

**M. Fernand Etgen**, Président | Dir musst esou lues zum Schluss kommen, jo.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Jo. Gutt, gutt.

Bon, dann ass déi nächst Fro, déi ee sech muss stellen: Wéi finanzéiert een eppes, wann et extra muros ass? Dat ass eng Hypothese, déi mer esou net kennen. Dat heescht, dat sinn och erëm eng Kéier grondsätzlich Iwwerleeungen, déi musse gefouert ginn, déi een net aus dem Aarm rëselt. A wann een eraus geet aus de Mauere vum Spidol: Wien dierf dat exploitieren? Ass dat d'Spidol selwer? Sinn et d'Dokteren? Ass et de Grupp vun Dokteren? Oder ass et eppes dertëschent, wou ee seet: „Do muss kollaboréiert ginn“? Jee nodeem, wat een als Optioun hält, ass déi legislativ Aarbecht, déi domat verbonnen ass, méi oder manner grouss. Dir kënnt Iech virstellen, wann een dat, ...

(*Hilarité*)

Et kéint ee sech och virstellen ze staffelen. Dat, wat relativ schnell ka goen, ass wann een natierlech ronderëm ...

(*Brouhaha*)

... d'Spidolsgesetzgebung weider iwwerleet, well mer do e Kader hunn, dee steet. Wa mer wëllen an den Extrahospitalier goen an do mat enger Planungslogik eragoen, dann ass dat „autrement complexe“. Ech géif awer gären déi, déi bei dem Bilan vun dem Gesondheetsdësch derbäi waren an opmierksam nogelauschert hunn, drun erënneren, dass mer als Regierung och do schonn eng Rei ganz kloer Linne presentéiert hunn, déi mer hunn an déi mer net wëllen a Fro stellen. An do hu mer zum Beispill festgehalten, dass mer fir Equipements lourds – an dat ass den IRM ënner anerem – an enger Planungslogik wëlle bleiwen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Egal wéi ee Modell zréckbehalde gëtt, dës Regierung huet sech dozou bekannt bei den Equipements lourds, eebe well dat ganz deier Investissementer sinn, bei enger Planungslogik wëllen ze bleiwen. Entweder kann dat sech aschreiwen an déi aktuell vum Spidol ... A wann et soll erausgoen, ben, da musse mer do eppes en place setzen. Dat soll net reegellos kënnen geschéien.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Dat ass eppes, wat mer kloer affirméiert hunn.

Mir hunn ons och kloer zum Conventionnement obligatoire bekannt, deen hei zu Lëtzebuerg gëllt. Dir hutt an Ären Echangé sécherlech matkritt, dass dat och vu verschiddene Säiten a Fro gestallt gëtt. Dat ass eppes, wou mir net wëllen dru goen.



An, voilà. Do, wou mer elo dru sinn, dat ass eeben, verschidden Hypothesen duerchzespillen, wat dat bedeit. Mir hunn also, wéi Der mierkt, ganz vill Aarbechten, déi lafen, souwuel op techneschem Plang wéi och op juristeschem Plang, fir ze evaluéieren, wéi eng Modeller kéinte goen, wéi d'Zäitschinn och kéint sinn. Mir sinn ons bewusst, dass Drock ass. Mir kënnen ons och virstellen, a Phasen ze schaffen. Et muss ee wëssen, dass wa mer wëllen eng Planifikatioun am Extrahospitalier hunn, da wäerte mer dat net a sechs Méint stoen hunn. Dat ass Mission impossible ganz einfach. Do brauch et ganz vill Viraarbecht nach, well mer do bei engem eidele Blat u sech ufänken, während, wann een à partir vum Spidolsgesetz rasonéiert, et sécherlech méi einfach ass, kuerzfristeg Ouverturen ze maachen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Madamm Ministesch, erlaabt Der ...

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Jo.

**M. Fernand Etgen, Président** | ... nach, datt den Här Marc Hansen Iech eng Fro stellt?

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Oder Dir loosst mech fäerdegmaachen, da beäntweren ech se jo schonn ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Ok.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | ... vläicht deemno wéi. Ech sinn nämlech elo gläich, wann dat geet.

Mir schaffen och net nëmme just ronderëm den IRM. Deen ass operluecht, well mer en op den Ordre du jour kritt hunn iwwert d'Jurisprudenz. Mir kucken natierlech och aner Ekipementer, wat zum Beispill net Equipements lourds wäeren. Do kéint ee sech vill méi einfach virstellen, an den Extrahospitalier erausgoen, mat engem Tarif de location oder wéi och ëmmer. Ech ginn Iech just d'Beispiller vu Beamer, Mammografie oder verschidde Laserapparater fir d'Aen. Also do gëtt et och Apparaturen, déi net an d'Kategorie vun den Equipements lourds falen. An do kann ee sech natierlech eng aner Logik virstellen, déi méi déi klassesch Logik ass, wéi mer se elo am Extrahospitalier kennen. Och dat sinn Aarbechten, déi mer lafen hunn, fir ze analyséieren, wat mer kënnen an d'Gespräch bréngen.

Voilà, dat ass et en gros. Insgesamt: de Besoin fir besser Donnéeën, Digitalisatioun – eng ganz grouss Prioritéit – an dann en intelligent Zesummespill. Dat ass dat, wat mir eis wënschen tëschent allen Acteuren. Mir müssen oppassen, dass mer net au détriment vun deem engen oder deem anere schaffen. Dat ass u sech a kengem sengem Interêt. Wa mer eng gutt Verzanung wëllen, mengen ech och, dass jiddweree Motivatioun an Interêt huet, zesummen nozedenken, wéi mer dat fir eist Land kënnen intelligent maachen.

Dat Ganzt natierlech mat enger beschtméiglecher Qualitéit vun de Soinen. An och am Hibleck op eng Penurie u Personal an deem ganze Secteur wëlle mer eng interessant Aarbechtsoffer hei bidden. Den Environnement, fir hei ze schaffen am Gesondheitssektor, soll attraktiv sinn an och an Zukunft attraktiv bleiwen. Et ass just esou, wéi mer Leit kënnen heihin kréien, dass se Loscht kréien, op Lëtzebuerg schaffen ze kommen an dese Secteur, mat gudden Aarbechtsbedéngungen, an engem modernen Environnement, dat e modernen Exercice vum Metier erlaabt, dat Ganzt am Interêt vum Patient. Dat ass eng Evidenz. Voilà, dat war et.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Gesondheitsministesche. An da Parole après ministre fir den Här Marc Hansen.

**M. Marc Hansen (déi gréng)** | Jo. Villmools merci, Madamm Ministesch, datt ech Iech elo zur spéider Stonn nach des Fro ka stellen.

Ech mengen, et ass e wichtegt Theema, wou wéi eng grouss Diagnostikapparater installéiert dierfe ginn oder net. Ech mengen, dat ass eng grouss Diskussioun. Vill Leit sinn interesséiert un deem Theema.

Sou wéi ech Iech elo verstanen hunn, gëtt et iwwert d'Spidolsgesetz eigentlech e Monopol, dee seet, datt déi Installatiounen eigentlech just dierfen am Spidol sinn an net ausserhalb.

Elo hunn ech mer awer d'Fro gestallt: Et si jo gewësse Fait-accomplie scho geschaf ginn. Wat geschitt elo mat deenen, also ...

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Menges Wëssens net.

**M. Marc Hansen (déi gréng)** | Voilà, also, et gëtt Installatiounen vu Geräter, déi sinn do. Déi waarden op en Agreement. Wat geschitt dann elo domadder? Kréien déi en Agreement? Kréien déi keen Agreement? Dierfen déi exploitéiert ginn oder dierfe se net exploitéiert ginn? Ech mengen, dat ass eng wichteg Informatioun, fir datt dat dote jo elo net nach geschitt. Net, datt iergendwéi duerch d'Géigend elo Apparater optauchen, déi am Endeffekt dann och net dierfe genotzt ginn.

Dat, mengen ech, ass net ganz sënnavoll. Duerfir wär et gutt, eng kloer Ausso hei och ze hunn, fir datt déi Firmen oder déi Dokterer dann och wëssen, wat se an Zukunft solle maachen a wéi se domadder sollen ëmgoen.

Ech soen Iech Merci.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Also am Moment ass et ganz kloer, dass dat ënnert d'Autorisation d'exploitation vum Spidolsgesetz fält. An esou eng hu just eis Spideeler. Dat heescht, dat ass am Moment ganz kloer vum Spidolsgesetz hier.

Mir sinn natierlech oppen, fir déi heite Reflexiounen weiderzeféieren. Ee Modell ass natierlech, dass een zesumme mat engem Spidol eppes schafft. Dat ass sécherlech méi einfach ëmsetzbar a méi zäitno, wéi wann ee ganz an den Extrahospitalier geet. Mee am Moment brauch et eng Autorisation d'exploitation vum Site an och fir déi eenzel Aktivitéiten. A wann een d'Autorisation d'exploitation net huet, ma da kann dat natierlech gegebenefalls och zougemaach ginn. Dat sinn déi Befugnisse, déi mir hunn iwwert d'Spidolsgesetz.

An et ass och net méiglech, zousätzlech Etablissementen zu deene Besteeënden, am Stand haut vun der Legislatioun, ze geneemegen. Dir kennt d'Spidolsgesetz warscheinlech besser wéi ech, well Der hei schonn aktiv waart zu där Zäit an der Chamber. Dat ass esou opgesat, dass déi besteeënd Acteure consacréiert gi sinn hei an enger Planungslogik. An do kommen am Moment, sou wéi et haut steet, weeder nei Sitte bäi nach nei Acteuren, soudass mer scho müssen eng Ouverture maachen.

Kuerzfristeg, kann ech Iech ganz kloer soen, ass dat vum juristesche Point de vue just à partir vum Hospitalier denkbar. Alles anescht setzt viraus, dass een eng nei Gesetzgebung, eng nei Planungslogik op d'Plaz setzt. An dat ass e komplizéiert Gesetz, wat do muss erstallt ginn. Also dat wäerte mer net an engem Mount stoen hunn. Do lafe Reflexiounen, mee do ass ganz vill Viraarbecht ze maachen, och iwwert d'Ramebedéngungen an esou weider, iwwert d'Finanzéierung. Ech hoffen, dass dat Är Fro kloer beäntwert huet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Dann nach Parole après ministre fir den Här Claude Wiseler.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Jo.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Merci, Madamm Minister, fir déi Äntwerten. Ech wëll Iech just soen, datt ech jo alles verstinn, wat Der sot. Ma hei si mer elo net a priori an engem juristesche Problem. Hei si mer awer an engem politesche Problem, wou ee muss decidéieren, wat ee mécht a wat ee wëllt.

Ech hunn awer e Problem domat, well déi Diskussioun hei elo schonn zwee, dräi Joer dauert. A wa mer Fait-accomplien, déi zwar nach keng sinn, mee déi awer entaméiert sinn an der Diskussioun ... Wa mer elo an där Situatioun sinn, dann ass et, well bis elo och den Discours politique onkloer war an deem Sënn, wat mer wëllen a wéi et zukünfteg soll weidergoen.

Also ech wëll awer net onbedéngt elo eng Fro stellen, mee als Parole après ministre soen, datt et awer duerchaus sënnavoll wär, wann eng kuerzfristeg Kloerheet an deem Dossier géif geschaf ginn. Mee ech hunn Iech virdrun an aller Däitlechkeit eis Meenung gesot, wat mir mengen, datt richtig wär an op wat fir ee Wee ee misst goen.

Wann net nach esou Situatiounen solle virkommen, dann, mengen ech, misst Dir als Gesondheitsminister respektiv d'Regierung hei awer Kloertext schwätzen an och déi Ouverturen, déi Der zwar annonciéiert hutt a gesot hutt ... Wann ech och gesinn, wat de Gesondheitsdësch seet, dann ass et jo net esou, datt keng Avancéieren op deem do Domän solle gemaach ginn. Da soll een awer kloer soen, a wat fir engen Delaien, wéi schnell ee kann a welch Richtung goen. Dat schéngt mer awer de Minimum ze si fir all déi Leit, déi um Terrain schaffen a sech wëllen engagéieren an déi dat, mengen ech, och maachen an der Intentioun, fir de Gesondheitsystem ze verbesseren an net just, wéi se heiansdo duergestallt ginn, fir domat dann hir eege Geschäfte ze maachen. Dat ass, mengen ech, net onbedéngt ëmmer esou de Fall. An dofir wär et wichtig, Kloerheet ze schafen, sou schnell wéi méiglech.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Jo. Ech mengen, ech wëll och just nach eng Kéier ënnersträichen, dass mer och an engem Rechtsstaat sinn. Dofir ginn och Prozesser gefouert. Esou kloer sinn déi Saachen net. An hei hu mer eng gewëssen Transparenz och gehat iwwert de Kader um Gesondheitsdësch, wou mer och iwwert d'Spidolsgesetz schwätzen. Dat ass eppes, wat net esou gär gehéiert gëtt, kann ech ëmmer erëm nëmme feststellen. Ech hunn et vu menger Säit eigentlech allkéiers, wann ech dozou Stellung geholl hunn, sief et an der Press, sief et um Gesondheitsdësch, sief et an der Chamberskommission, erwänt. Just: Ce qui n'arrange pas, n'est pas toujours entendu. Dat ass de Problem.

Mee mir si selbstverständlech bestreift, hei schnell weiderzekommen, fir Iech do ze berouegen. Déi Aarbechte si komplex. Si louchen net op Äis während där ganzer Pandemie. Si hunn natierlech net déi Rapiditéit elo kënnen hunn, wéi ee sech et gewënscht hätt, wann ee keng Pandemie gehat hätt. Dat ass ganz kloer, brauch ech Iech och net ze verstoppen. Mee, wéi Der gesitt, lafen d'Viraarbechten op Héichtouren an et ass natierlech och eng vun eise Prioritéiten, déi dote Kou vum Äis ze kréien. Voilà.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | An da Parole après ministre fir den Här Mars Di Bartolomeo.





**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Et ass eigentlech net Parole après ministre.

**M. Fernand Etgen**, Président | Et gëtt awer nëmmen dat elo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo, dann nenne mer et Parole après ministre. Mee ech wollt just drop reagéieren, wat de Kolleeg ...

*(Brouhaha et hilarité)*

... Wiseler gesot huet, well een dat net einfach esou soll am Raum stoe loossen. Ech fannen, dass et wichteg ass, dass mer an engem vernünftigen Zäitplang virukommen.

D'Gesetzeslag ass am Moment kloer. A wa mer a Richtung Ouverture ginn, an ech sinn do komplett bei der Madamm Minister, da soll dat opgrond vun de

Besoinen geschéien an net no enger Fuerderung „Ech hätt gär mäin IRM“ an „Ech hätt gär mäi Röntgegerät“. Et soll op Basis vu reelle Besoinen, Cartes sanitaires a Regionaliséierung gemaach ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech mengen, Dir wësst awer, datt d'Besoinen do sinn, Här Di Bartolomeo, ...

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | An och nach eng Kéier ...

**M. Claude Wiseler** (CSV) | ... an datt mer musse virukommen.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | An och nach eng Kéier: Mir schaffen intensiv un der

Evaluatioun vun de Besoinen. Mir hu rezent eng Carte sanitaire. Eis Leit sinn do am Echange, och mat anere Länner, fir zäitno mat enger Schlussfolgerung, wat d'Besoinen, spezifesch elo fir den IRM, deen all Mënsch awer staark polariséiert vum Interesse hier, fir do eng Äntwert ze ginn.

Voilà, merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen nach eng Kéier der Madamm Ministesch Paulette Lenert villmools Merci. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 19.46 heures.)*

## 39<sup>e</sup> séance

mercredi 9 mars 2022

Édition spéciale sur la proposition de révision de la Constitution n° 7755 concernant les droits et libertés



## 40<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

### Sommaire

1. **Ouverture de la séance publique** ..... p. 45  
M. Fernand Etgen, Président
2. **7849 – Projet de loi portant modification du Code pénal en vue de la transposition de la Directive (UE) 2019/713 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 concernant la lutte contre la fraude et la contrefaçon des moyens de paiement autres que les espèces et remplaçant la décision-cadre 2001/413/JAI du Conseil** ..... p. 45  
Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue  
Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice  
Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
3. **Déclaration gouvernementale dans le contexte de la hausse des prix de l'énergie, suivie d'un débat** ..... p. 45  
Déclaration gouvernementale : Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre (interventions de Mme Martine Hansen et M. Dan Kersch)  
Débat : M. Gilles Roth (interventions de M. Dan Kersch et M. Michel Wolter) | M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | M. François Benoy (intervention de M. Laurent Mosar) | M. Fred Keup (interventions de M. Dan Kersch et M. Sven Clement) (dépôt de la motion 1) (interventions de Mme Stéphanie Empain et M. Fernand Kartheiser) | Mme Myriam Cecchetti (interventions de M. Mars Di Bartolomeo) | M. Marc Goergen (intervention de M. Michel Wolter) (dépôt des motions 4 et 3) (interventions de M. Yves Cruchten) (dépôt de la motion 2) (interventions de M. Sven Clement) | M. Dan Kersch (interventions de M. Fred Keup, M. Sven Clement et M. Marc Spautz) | M. Fred Keup (parole pour fait personnel) | M. Marc Spautz (interventions de M. Dan Kersch, Mme Octavie Modert et M. Gilles Baum) | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen | M. Michel Wolter (interventions de M. Dan Kersch et Mme Octavie Modert)  
Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre  
Motion 1 : M. Sven Clement | M. Gilles Baum | M. Gilles Roth | M. François Benoy | Mme Myriam Cecchetti | M. Yves Cruchten (interventions de M. Gilles Roth)  
Vote sur la motion 1 (rejetée)  
Motions 2 à 4 : M. Gilles Baum | Mme Semiray Ahmedova | M. Marc Goergen (interventions de M. Sven Clement et M. Gilles Baum) | M. Sven Clement | M. Gilles Roth

- (interventions de Mme Martine Hansen) | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie (intervention de M. Gilles Roth) | M. Max Hahn | Mme Myriam Cecchetti  
Vote sur la motion 2 (rejetée)  
Vote sur la motion 3 (rejetée)  
Vote sur la motion 4 (rejetée)
4. **Heure d'actualité du groupe politique DP au sujet de l'approvisionnement national en eau potable** ..... p. 57  
Exposé : M. Gusti Graas  
Débat : M. Aly Kaes | Mme Cécile Hemmen | M. François Benoy | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen (interventions de M. François Benoy)  
Prise de position du Gouvernement : Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
  5. **Interpellation de M. Marc Spautz au sujet de la situation de la formation professionnelle et des métiers de l'artisanat** ..... p. 64  
Exposé : M. Marc Spautz (intervention de M. André Bauler)  
Débat : M. Claude Lamberty (intervention de M. André Bauler) | Mme Tess Burton | M. Charles Margue (interventions de M. Fernand Kartheiser, M. Mars Di Bartolomeo, M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, et M. Fred Keup (dépôt de la motion 1) | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement (interventions de M. André Bauler)  
Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse  
Motion 1 : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | M. Marc Spautz | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement | M. Fred Keup | M. Claude Lamberty | M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Claude Lamberty)  
Vote sur la motion 1 (interventions de M. Pim Knaff et M. Sven Clement) (rejetée)  
Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre ; M. Claude Meisch, Mme Carole Dieschbourg, M. Claude Turmes et Mme Sam Tanson, Ministres.



(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

## 2. 7849 – Projet de loi portant modification du Code pénal en vue de la transposition de la Directive (UE) 2019/713 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 concernant la lutte contre la fraude et la contrefaçon des moyens de paiement autres que les espèces et remplaçant la décision-cadre 2001/413/JAI du Conseil

Mir kommen direkt zum éischte Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 7849, enger Transposition vum enger europäescher Direktiv am Kader vum der Bekämpfung vu Bedruch a vun der Fälschung vu Bezuelmüttelen.

Esou wéi et scho gëschter annoncéiert gouf, gëtt no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. An ech géif direkt d'Wuert un de Rapporteur vum dësem Projet de loi ginn, den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Justice

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, Här President, léiwe Fernand, alles Gutts fir de Gebuertsdag, fir de 65.!

### Plusieurs voix | A!

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Et ass e gutt Joer, ech kann et bezeien. Looss dech feieren! Mir war dat zejoert net gegénnt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools!

(Brouhaha)

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Fir unzefänken haut e kleng Projekt, e kuerze Rapport, keen Debat. Hei de Werdegang vum 7849. Den Depot war den 29. Juni 2021, d'Presentatioun an der Justizkommission den 20. Oktober 2021, wéi och de Rapporteur bestëmmt gouf. Den Avis vum Staatsrot ass datéiert op de 17. Dezember 2021. Weider Kommissionssitzungen zu dësem Projet waren den 9. Februar an den 2. März, wéi mer de Rapport ugehall hunn, alles dëst Joer.

Ëm wat geet et? De President huet et ugekënnegt: Et geet ëm eng Transposition vum der EU-Direktiv 2019/713 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 concernant la lutte contre la fraude et la contrefaçon des moyens de paiement autres que les espèces et remplaçant la décision-cadre 2001/413 vum JAI.

Et geet drëms, d'Kooperationsmechanismen an der EU ze verbessern an, wann et néideg ass, grenzüwwerschreidend zesummenzeschaffen am Beräich vun der Cyberkriminalitéit. Konkreet geet et an dësem Projet ëm d'Fälsche vu Geldmüttelen, „moyens de paiement“, awer net de klassesche Faux-monnaie, bei deem meeschtens eis Geldschäiner a Mënze betraff sinn, mee eeben ëm all Zorte vun net materielle Bezuelméiglechkeeten, déi sech gréisstendeels am digitale Raum ofspillen.

Geldfälschung ass eng Infraktioun am Lëtzebuerger Recht elo schonns. Dat betrëfft haut och net nëmmen

d'Schäiner an d'Mënzen, mee och zum Beispill d'Kreditkaarten. Schonns 2015 huet d'EU-Kommission an hirer Kommunikatioun „Stratégie pour un marché unique numérique en Europe“ op d'Erausforderungen higewisen, ëm déi et hei geet: informatesch Fraudé wéi zum Beispill Bedruch bei den Onlinepaie-menter, Interception vum Donnéeën, de Vol vun Identitéiten oder Geschäftsgeheimnisser. Déi gene-riieren enorm ekonomesch Perten, stéieren den Onlinehandel, verstoussgeint fundamental Rechter a kënnen net zulescht och d'Vertraue vun de Bierger an Onlineaktivitéite carrement futti maachen.

Mat dësem ganz kuerze Projet gi mer eis eng Definitioun vun deene Moyens de paiement, déi hei viséiert sinn, graff gesot, déi digital Moyens de paie-ment. Mir gesi Strofe vir vu véier Méint bis fënnf Joer Prisong an Amendes tëschent 1.250 a 75.000 Euro fir d'Fälsche vun esou Bezuelmüttelen.

Déi selwecht Strofen, an dat ass interessant ze wëssen, gëllen dann och net just fir d'Fälscher selwer, mee na-tierlech och fir jiddwereen, deen esou gefälscht Instru-ments de paiement an Ëmlaf bréngt. Dee mécht sech doduerch matschëlleg.

Den Délai de transposition vum dëser Direktiv war de Mee zejoert. D'Avis vum Staatsrot a vun enger Rei Autorités judiciaires sinn zu dësem Gesetzesprojet era-komm. Doranner goufe keng weider gréisser Pro-blerem opgeworf. Den Detail fannt Der am schrëftleche Rapport.

Souwäit fir de mëndleche Rapport. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten a ginn den Accord vu sämtleche Parteien a Sensibilitäten, esou wéi mer dat an der Kommission ofgemaach hunn. Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Charles Margue.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizminis-tesch Sam Tanson.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Jo, merci, Här President. A merci dem Rapporteur, deen e ganz gudde Resümee vum Gesetzestext gemaach huet, soudass ech deem näischt bäizefügen hunn an Iech all Merci soe fir den Accord zu dësem Projet.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Justizministesche.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Ier mer zum Vott kommen, wollt ech nach eng Kéier drun erënneren, datt ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kë-nen mat ofzestëmmen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7849. Den Text steet am Document parlemen-taire 7849<sup>3</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7849 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par pro-curation. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7849 ass mat 59 Jo-Stëmme bei ken-ger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugehall.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Félix Eischen), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Goerges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain (par M. François Benoy), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitu-tionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 3. Déclaration gouvernementale dans le contexte de la hausse des prix de l'énergie, suivie d'un débat

Mir hiieren haut de Mëtteg eng Deklaratioun vum der Regierung iwwert d'Hausse vun den Energiepräisser. Uschleissend féiert d'Chamber eng Debatt, bei där all Fraktioun an all Sensibilitéit zéng Minutten zegutt huet. An ech ginn d'Wuert un de Vizepremier, d'Ma-damm Paulette Lenert.

### Déclaration

**Mme Paulette Lenert**, Vice-Premier Ministre | Merci, Här President. De Friden an d'Verdeedegung vun eise Wäerter, dat ass eppes, wat e Präis huet. De Premier-minister ass an dësem Moment op engem informellen Europäesche Conseil, wou hien am Numm vun der Re-gierung an awer och am Numm vum ganze Lëtzebuer-ger Land weider fir de Friden an eis Wäerter wäert astoen.

D'Sanktiounen géint Russland an d'Ënnerstëtzung vun der Ukrain hu souwuel an dësem Haus wéi och am ganze Land grouss Zoustëmmung fonnt. Mir wouss-ten allerdéngs vun Ufank un, dass dës Sanktiounen eis och eppes wäerte kaschten.

Déi enorm Hausse bei den Energiepräisser ass eng di-rekt Konsequenz aus dem Krich an der Ukrain. Dës Präisdeierrecht ass awer kee rengen Lëtzebuerger Phenomeen. Et ass och net direkt an eiser Hand. Et ass eppes, wat ganz Europa betrëfft a wat och vill aner Länner an der Welt betrëfft. Dofir wäerte mer als een-zelt Land dës Problem och net eleng geléist kréien.

Mir brauchen eng europäesch Strategie, fir dass eis Energieversuergung laangfristeg kann ofgesécher-t bleiven. Gläichzäiteg si mer eis natierlech bewosst, dass mer och kuerzfristeg Solutiounen fir eis Bierger a fir eis Entreprisë brauchen, fir dës ze entlaaschten. D'Regierung ass sech dem Eescht vun der Situatioun absolutt bewosst. Net ëmsoss hu mer schonns Enn Februar en Energiedësch aberuff an och schonns en éischte Pak un Direkthëllef fir d'Privatmenagen deci-déiert.

Et war eis wichteg, deene Mënsche séier ënnert d'Äerm ze gräifen, déi et an der aktueller Situatioun am schwéiersten hunn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Här President, Dir wësst et, d'Regierung schafft och un engem Hëllefspak fir d'Enterprisen, déi elo no



zwee schwéiere Pandemiejoren erëm viru groussen Eerausforderunge stinn a wäerte stoen.

Gëschter koum dunn d'Annonce vun enger weiderer historischer Hausse bei de Masutts-, Diesel- a Bensinnspräisser. Et ass dëst erëm eng Kéier eng Hausse, déi souwuel d'Bierger wéi och d'Entreprisë staark wäert beläschten. De Premierminister Xavier Bettel huet doropshin de Moien de Sozialpartner offiziell matgedeelt, dass hien zäitno eng Tripartite wäert aberufen, dëst, nodeems en natierlech am Virfeld sech beroden huet mat de Vizepremieren, mat der Finanzministesch, mat der Familljeministesch an natierlech och mam Wirtschafts- a mam Mëttelstandsminister.

D'Instrument vun der Tripartite ass genau dat, wat mer elo brauchen. Et ass gemaach fir Situatiounen wéi déi hei. D'Kris, an där mer eis befannen, ass eng Kris, déi souwuel d'Betribler wéi och d'Bierger betrëfft, an zwar staark beläschet. Et ass eng Kris, wou all Acteur en Interessi drun huet, fir zesumme séier an effikass Léisungen ze fannen.

De Lëtzebuurger Erfolgsmodell a Form vum Sozialdialog ass matten an enger Kris gebuer ginn. Zesumme mat de Sozialpartner huet d'Politik et och nach ëmmer hei am Land fäerdegbruecht, de Wuelstand ofzesécheren an de soziale Fridden ze garantéieren. Dat, Här President, ass och dës Kéier eist Zil.

Mir si fest dervun iwwerzeegt, dass d'Problematik vun de steigenden Energiepräisser ze komplex an och ze wichteg ass, fir d'Sozialpartner ausse vir ze loos- sen. Ech bieden dofir d'Chamber ëm Versteesdemech, dass d'Regierung haut nach keng konkret Mesurë wäert annouciéieren.

**Plusieurs voix** | O!

**Mme Paulette Lenert**, Vice-Premier Ministre | Mir wëllen d'Diskussioun mat de Sozialpartner net hypothekéieren. Mir ginn oppen an déi Gespréicher eran a mir wëllen zesumme mat de Gewerkschaften an och mam Patronat en equilibréierte Pak op d'Bee stellen, dee souwuel de Bierger wéi och de Betribler déi néideg Entlaaschtung ka garantéieren.

Et gëtt leider net dat eent an eenzegt Wonnermëttel, dat all eis Problemer op ee Coup ka léisen. Et spillen och eng ganz Rei technesch a juristesche Contrainten, déi op den éischte Bléck net ëmmer ersichtlech sinn. Net all gutt gemengte Virschlag ass och ëmsetzbar an an der Tripartite muss dofir all Aspekt vun dëser Kris ganz genee belicht an och kënne diskutéiert ginn.

D'Regierung wäert dës Diskussioun seriö preparéieren. Dat ass elo eis éischt Prioritéit. D'Aarbechte sinn amgaangen, sinn an de leschte Wochen ugelaft a wäerte weidergefouert ginn, dëst, fir dass mer déi Energiekris gemeeschtert kréien.

Ofschlëssend wëll ech ënnersträichen, dass mer an der Pandemie keen am Ree stoe gelooss hunn a mir wäerten och dës Kéier keen am Ree stoe loosse! Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Do hu mer kee Fong.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Vizepremier, der Madamm Paulette Lenert.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Madamm Hansen, dat mam Fong, dat musst Dir grad soen!

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Och vun eiser Säit alles Guddes fir Äre ronne Gebuertsdag.

**M. Fernand Etgen**, Président | Villmools merci, Här Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Froestonn un d'Regierung vu virgëschter hat ech am Numm vun der CSV-Fraktioun den Energieminister, den Här Turmes, interpelléiert, wat d'Regierung dann elo géif maachen, fir d'Leit wéinst den explodéierende Spritt- an Heizkäschtchen ze ënnerstëtzen.

Seng éischter lapidar Äntwert, wéi se och vun der Press erëmgeholl gouf, war: „Et soll een net aus der Héft schéissen.“ Resultat: D'Leit setzen nach ëmmer kal doheem a si sti virun der Tankstell am Stau.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ech mengen, dat huet jiddweree vun eis gëschter Owend gesinn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

(Brouhaha, interruptions et coups de cloche de la présidence)

**M. Gilles Roth** (CSV) | Fir d'CSV, Dir Dammen an Dir Hären, heescht et handeln, an zwar elo! Mir wëllen d'Leit net méi laang an der Keelt sëtze loosse.

(Exclamations)

Zanter gëschter hu mir hei am Land Héchststänn op der Pompel an och um Masutt ze bekloen, zum Deel méi deier souguer wéi an aneren EU-Memberstaaten, zum Beispill Éisträich a Spuenien. D'Käschtchen: d'Käschtchen fir en Auto, 20.000 Kilometer Lafleeschung pro Joer, 7 Liter Verbrauch op 100 Kilometer, e Plus, ech soen e Plus op ee Joer vun 900 Euro op dem Bensinn a vun 1.365 Euro – ech widerhuelen et nach eng Kéier: 1.365 Euro! – méi um Diesel. D'Käschtchen, fir e Masuttstank ze fülle vu 4.000 Liter – jo, et sinn 59.000 Stéit am Land, déi nach mat Masutt hëtzen, a se mussen dat maachen –, e Méipräis, ech widerhuelen, e Méipräis op ee Joer vun 3.800 Euro op d'Joer. Zesummen, just déi hei zwee Montanten, an da kënnt Der och eng Kéier haart jäizen: iwwer 5.000 Euro – iwwer 5.000 Euro! – Méikäschtchen op ee Joer!

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Nun hat d'Regierung, an d'Madamm Vizepremier huet dat gesot, dee sougenannten „Energiedesch“ zesummegeruff, deen absolutt enttäuschend war. An dat soen net just mir als CSV, mee dat soen a soten och d'Gewerkschaften.

D'Moosnamen, déi d'Regierung bis elo ugekënnegt huet, sinn absolutt net am Verhältnis zu de Méikäschtchen, déi d'Leit ze droen hunn. An dobäi beräichert sech de Staat mat all Liter verkaaftem Spritt an Heizungsasutt och nach direkt um Bockel vu senger Bierger. Dat ass net fair, dat ass net gerecht an dat ass fir eis moralesch och net an der Rei!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | E Beispill: E Liter Bensinn 95er kascht zënter Mëtternuecht, ech widerhuelen et nach eng Kéier, 1,89 Euro. Dovunner ginn, Dir Dammen an Dir Hären, 80 Cent un de Staat. Vun 1,89 Euro ginn 80 Cent un de Staat, nämlech 27 Cent TVA, Akzisen an CO<sub>2</sub>-Steier darbäi: nach eng Kéier 52 Cent. Am Kloertext, op engem Liter Bensinn kasséiert de Staat an dësen Zäite 44 % Taxen.

(Interruption)

D'Präisdeierecht vun dem Spritt an d'Präisdeierecht vun dem Hëtzes, Dir Dammen an Dir Hären, déi geet hei am Land och bei gudder Gehälter bis wäit an d'Mëttelschicht mëttlerweil eran. An et heescht duerfir fir d'CSV ganz kloer, d'Leit elo zolidd ze entlaaschten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Duerfir fuerdere mir, éisch- tens, eng zäitlech begrenzt Präisbrems um Spritt, um Heizungsasutt an och um Gas.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Autofueren an doheem hëtzen ass an deem räiche Lëtzebuerg kee Luxus, mee eng Noutwendegkeet.

Zweetens, all Euro méi fir de Staat un Taxen an TVA duerch Energiepräisshausen zanter dem 1. Januar 2022 muss fir eis direkt an integral un d'Leit zréckbezueelt ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Et kann net sinn an et ass och net méi anstänneg, dass de Staat sech dorops nach permanent selwer beräichert. Wat de Verdeelungs- schlüssel ubelaangt, si mir oppe fir all konstruktiv Diskussioun.

Dreëtens: eng Ausweitung vun de Leit, déi an de Genoss vun der Allocation de vie chère (AVC) kommen, an och eng Erhéijung vun dëser Zouwendung, well d'Veie chère, Dir Dammen an Dir Hären, déi ass ewell laang an der Mëttelschicht ukommt!

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Véiertens: en Eropsetze vun der Kilometerpauschal a vun dem Kilomatergeld. Bëd sinn zënter Joren – fir déi eng souguer Joerzénge! – net méi ugepasst ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hu Rekordpräisser op der Pompel a beim Masutt. D'Leit packen et net méi. D'Leit brauchen elo keng Geopolitik, si brauchen keng Beléierungen, mee si brauchen virun allem Alldags- an Terrainspolitik.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | D'Leit brauchen keng ideolo- gesch Tabuen, mee pragmatesch an direkt ëmsetzbar Léisungen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Well, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn net just Stauen op eisen Tankstellen, fir tan- ken ze goen, mee mir hu virun allem e Politikstau vun dëser blo-rout-grénger Regierung.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | An dee kënne d'Leit bis wäit an d'Mëttelschicht net weider nokucken a si kënne sech deen och net méi leeschten!

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Et heescht duerfir elo: Et geet duer mam Nokucken an et heescht elo ze handeln! A mir hätte gäre vun der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären, och eng kloer Ausso, ob den Energieminister Turmes de leschten Dënschdegmëttchen, wéi en op meng parlamentaresch Fro hei mëndlech geäntwert huet, scho wousst, wat fir eng Energiehaussé géifen haut op Mëtternuecht op d'Leit zoukommen. Mir hätte gären eng Äntwert mat Jo oder mat Nee.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, erlaabt Der, datt den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Nee!

**D'autres voix** | Très bien!

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth.



**M. Dan Kersch** (LSAP) | Et ass erstaunlech, dass ee keng Fro méi därft stellen an dësem Parlament. Mee bon! Mir huelen dat zur Kenntnis.

*(Interruption par M. Michel Wolter)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Den nächsten age-schriwwene Riedner ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | An ech fannen et och erstaunlech, dass den Här Wolter mech hei duuzt!

**M. Fernand Etgen**, Président | ... ass den honorabelen Här Max Hahn.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ass dat deen Här Wolter, deen nach ni hei war, deen elo op eemol hei mengt, en Thema entdeckt ze hunn, dass deen hei op eemol d'Deputéiert kann duzen? Wou si mer dann hikomm?

*(Brouhaha)*

**M. Michel Wolter** (CSV) | Här President, ech wollt just soen, ech wollt mech entschëllege beim Här Kersch, dass ech e geduuzt hunn. Dat ass eppes, wat mir elo ongeféier scho säit 50 Joer matenee maachen.

*(Hilarité)*

Ech huelen zur Kenntnis, dass dat vun haut un net méi méiglech ass.

*(Hilarité)*

**Une voix** | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Bon, ech duzen Iech och, awer net hei an der Chamber.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech ginn elo dem Här Max Hahn d'Wuert!

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. Ech mengen, mir si gëschter ...

*(Interruption)*

Ech mengen, mir si gëschter alleguerten erféiert, wéi mer déi historesch Haussen um Masutt, um Diesel an um Bensinn matgedeelt kruten. Mee net nëmme gëschter, e bëssen de Cumul vun deene leschte Méint dréit derzou bäi, dass vill Stéit a vill Betriber Schwie-regkeeten hunn, d'Enner um Enn vum Mount beien-eneen ze kréien. D'Regierung huet scho reagéiert. An als DP si mir der Meenung, dass de Staat och d'Verantwortung muss iwwerhuelen an nach méi muss maachen.

D'Fräiheeten an de Fridden hunn hire Präis. Et war eis vun Ufank u kloer, dass och mir am Westen dee Präis ze bezele kréien, wa mer eis géint déi kriminell rus-sesch Aggressiounen stellen. Mee ugesichts vun deem, wat grad an der Ukrain geschitt, ass et e Präis, dee mer bereet sinn ze bezuelen an och musse bezuelen.

Ugesichts vun der Zerstéierung an dem onvirstellbare Leed, fir dat et kee Grond gëtt a kee Grond ka ginn, musse mir alles maachen, fir dee Krich ze stoppen. Jo, ugesichts vun de Krichsverbrieche, déi Russland un der ukrainescher Bevëlkerung verüübt, gëtt eis Entschlossenheet nach just gestärkt a mir si méi wéi determinéiert, Russland do ze treffen, wou et wéi deet.

D'Veerdeedegung vun eise Wäerter, vun eiser Fräiheet an dem Fridden an Europa ass net verhandelbar. D'DP steet ausdrécklech hannert de Sanktiounen géint Rus-sland. Mir sollen a mir muss weiderhin alles ënnerhuelen, fir de russesche Regimm ze isoléieren. Mir brauche staark Sanktiounen, déi wéidinn. A mir dierfen net op där enger säit Waffen an d'Ukrain liwweren an op där anerer Säit dem Putin säi kriminelle Krich finanzéieren. Mir mussen alles drusetzen, fir eis Ofhängegkeet vu russeschen Exporter ze reduzéieren. Dat betrëfft an éischer Linn d'Energie, wéi de Pétrol an de Gas, mee et beschränkt sech awer net eleng dorobber. Gläich-zäiteg musse mer och d'Leit zu Lëtzebuerg schützen.

D'Energiepräisser, déi klammen, grad ewéi déi all-gemeng Präisdeierecht stellen ëmmer méi Stéit viru Schwieeregkeeten. Mat der rezenter Hausse vun den Energiepräisser kréien ëmmer méi Leit a Betriber d'Präisdeierecht ze spieren, an dat bis an d'Mëttel-schicht eran.

D'Regierung ass sech däers och voll a ganz bewusst a suivéiert déi aktuell Entwécklung ganz genee. Et goufe schonn éischt Mesuren am Kader vum Energie-dësch geholl, fir grad deenen ënnert d'Aerm ze grä-fen, déi et am néidegsten hunn an déi am schlémmste vun der aktueller Situatioun beträff sinn. 75 Milliounen sinn deblockéiert ginn, fir de Leit séier ze hëllefen. D'Krittären, fir d'Energieprimm kënnen unzufroen, si par rapport zur AVC erweidert ginn, fir dass méi Stéit dovunner profitéiere kënnen. Esou ass de Seuil vum Akommes, fir eligibel ze sinn, ëm 25 % an d'Luucht ge-sat ginn.

Op dëser Plaz sief dann och nach eng kéier drop hi-gewisen, dass d'Leit hir Demande fir dës zousätzlech Hëllef beim Familljeministère kënnen eraginn. Och d'Netzkäschte beim Gas sinn op null gesat ginn an d'Stroumppräisser si stabiliséiert ginn doduerch, dass d'Kontributioun vum Staat zum Méchanisme de com-pensation renouvelable gehéicht gouf. Schlussendlech huet de Wirtschaftsminister e Pak fir d'Entreprises ugekënnegt.

Alles dat sinn éischt Mesuren, déi ugesichts vun der aktueller Entwécklung awer net wäerten duergoen. D'Regierung ass sech och däers bewusst a weess, dass nach eng Schëpp muss dropgeluecht ginn, dass nach eemol nogebessert muss ginn a weider Mesu-ren néideg sinn, fir d'Leit ze schützen a fir eis Wirt-schaft ze stabiliséieren an de soziale Fridden ze garantéieren.

Déi recent Rekordhaussé beim Bensinn an Diesel dinn net just am Portmonni wéi, si ginn eis och eng Vir-stellung dovun, dass mer dat Schlémmst eventuell nach net hanner eis hunn.

Wéi gesot, dëst betrëfft elo just d'Energiepräisser, mee och d'Produktioun vu Liewensmëttel ass direkt vum Krich an der Ukrain beträff. Wa mer just de Weess kucken, esou huet de Präis um Weltmarché sech an de leschte Woche verduebelt. Dat gëtt eis eng Iddi dovun, dass mer esou séier mat dëser Situatioun net wäerte fäerdeg sinn. Zousätzlech zur Pandemie, déi sech esou lues a lues an Europa berouegt, mee awer nach net ganz fort ass, si mir also op en Neits mat enger Eerausfuerderung konfrontéiert, déi eis alleguer als Gesellschaft betrëfft an e gesamtgesell-schaftlechen Effort erfuerdert.

Et ass eng schwieereg Situatioun, déi riskéiert, sech weider ze verschäerfen, an et ass eng Situatioun, déi mer just all zesumme kënnen meeschteren, an och just, wa mer solidaresch sinn.

Als Demokratesch Partei begrësse mer dowéinst d'Annonce vum Premierminister Xavier Bettel, eng Tripartite anzeberuffen. Zesumme mat de Sozialpart-ner soll elo séier gekuckt ginn, wéi eng Mesurë musse geholl ginn, fir beschtméiglech duerch dës wirtschaftlech extrem ugespaant Zäit ze kommen. D'Tripartite ass d'Instrument fir Krisenzäite par excel-lence. Si representéiert wéi keng aner Institutioun de Lëtzebuurger Modell vum Dialog, vum Zesummenhalt a vun der Solidaritéit.

Grad wann et kriddleg gëtt, ass et de Moment, sech zesummen un en Dësch ze setzen an zesummen ze ku-cken, wéi eng effikass Léisungen am Interêt vun eisem Land am beschte sinn. Mir hunn et an der Vergaangen-heet ëmmer nees fäerdegruecht, zesumme schwieereg Momenter ze iwwerwannen. Och dat ass e wichteg Stéck vum Lëtzebuurger Erfolgsmodell. Et ass de

Wee, fir de soziale Fridden ze garantéieren an eise Wuelstand ze sécheren.

Als DP begrësse mir dowéinst, dass d'Tripartite elo séier beienekënnert, fir séier e Pak ze decidéieren, fir de Leit an de Betriber konkreet ënnert d'Aerm ze grä-fen. Dobäi ass et awer och kloer, dass et net duer-geet, just kuerzfristeg ze iwwerleeën. Et geet net duer, just de Bensinnspräis fir eng Zäit ze deckelen. D'Situatioun muss an hirer gesamter Komplexitéit analyséiert ginn a muss och all déi verschidde Facettë berücksichtegen. De Präis op der Tankstell ass, wéi gesot, nëmme een Deel dovunner.

Mir als DP sinn zouversichtlech, dass d'Sozialpartner sech eens ginn an e gudder Gesamtpaket aushan-delen. Mir hunn zu Lëtzebuerg schonn aner Krisen iwwerstanen. Mir hunn dat allkéiers zesumme ge-maach. Mir wäerten dat och dës kéier packen. D'Re-gierung huet dat déi lescht zwee Joer gemaach an huet derfir gesuergt, de Leit an de Betriber ënnert d'Aerm ze gräffen, a si huet kee fale gelooss. An dat wäert se och dës kéier net maachen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Hahn. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Här President, Madamm Minister, Här Minister, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, wann ee gëschter Owend d'Schlaange virun den Tankstellen uechtert d'Land gesinn huet, dann ass engem bewusst ginn, dass mir a besonne-schen Zäite liewen. Déi lescht Wochen iwwer ass d'Ak-tualitéit dominéiert gewiescht vum Ukrain-Konflikt a vu schrecklechem mënschleche Leed, dat ee sech net auszemole wot.

Geopolitesch Tensiounen hunn natierlech hir Reper-cussiounen op d'Energiepräisser. Par rapport zu Januar 2019, also zu engem Moment, wou mir wee-der vun enger Covidpandemie nach vun engem Krich an Europa eppes woussten, ass de Präis vum Gas fir d'Lëtzebuurger Konsumenten ëm 66 % méi héich. Beim Bensinn ass et op deen nämmlechen Zäitraum gekuckt eng Hausse vun 32 %. Ëm Mëtternuecht hunn d'Präisser op der Tankstell, Dir hutt et gemierkt, nach eng kéier en zolitte Sprong no uewe gemaacht. Dëst ass ouni Zweifel op d'Decisioun vun den 23 OPEC-Staaten zrëckzeféieren, fir d'Produktioun vum Pétrol net signifikant eropzesetzen.

Déi 23 Exportateure vum schwaarze Gold schwätze sech ënnereneen of a maachen zesumme ronn d'Hall-schent vun der weltwäiter Produktioun vu Pétrol aus. Saudiarabien a Russland, Memberen am Club vun den OPEC-Staaten, sinn éischte respektiv zweeten Exportateur op der Welt a wëllen dem Westen hir Muecht demonstréieren. Besonnesch Russland be-dreift e perfid Spill. 54 % vu sengen Exportatiounen insgesamt betreffen d'fossil Brennstoffe. D'Equation ass einfach: desto méi héich de Pétrolspräis, desto méi Suen huet Russland, fir säi Krich ze finanzéieren!

D'Decisioun vun der internationaler Energieagence vum 1. Mäerz, 60 Milliounen Barrel aus hirer stratege-scher Reserv wëllen op de Marché ze bréngen, fir esou d'Offer ze héijen an d'Situatioun ze entspannen, ass nëmme eng Drëps op de waarme Steen, wann ee weess, dass all Dag ronn 100 Milliounen Barrel produ-zéiert ginn.

Lues a lues gëtt de Parallelismus mam sougenannte „choque pétrolier“ vun 1973 ëmmer méi evident. Dee-mools haten déi grouss Exportateure vum schwaarze Gold, d'OPEC-Staaten, zesummen decidéiert, de Präis



vum Pétrol mat engem Coup ëm 70 % eropzeschrauben. Och deemools war d'Motivatioun mam Jom-Kippur-Krich an Israel geopolitescher Natur.

Net nëmmen d'Evolutioun vum Pétrolspräis mécht eis Suerger, mee notamment och de Präis vum Weess, eng eminent wichtiger Matière première an der weltwäiter Liewensmittelproduktioun. De weltwäit gréissten Exportateur vu Weess ass Russland. D'Ukrain steet am Ranking vun de Weessexportateuren u véierter Plaz. De Präis vun enger Tonn Weess huet den 8. Mäerz op der Bourse zu Rouen a Frankräich 412 Euro erreecht. Normal wieren d'Präisser ronderëm 180 Euro. Hannert esou Zuele stinn an éischter Linn mënschlech Schicksaler. Et dierf een net vergiessen, dass mir hei vun engem Grondliewensmittel schwätzen an dass et vulnerabel Länner op der Welt gëtt, déi just fir zwee bis dräi Méint Weess fir hir Populatioun stockéiert hunn.

Virun deem Hannergrond ass et eng logesch Evidenz, dass mir musse méi onofhängeg gi vun den net demokrateschen Regimenter, wann et ëm eisen Approvisionnement vun Energie an anere Matière premières geet. Den Ausbau vun erneierbaren Energie muss konsequent virugedriwwen ginn, well, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, d'Sonn an de Wand gehéiere kengem Despot. An deem Sënn begrësse mir als LSAP, dass gëschter d'Verlängerung vun de Primmen en faveur vun der energieetescher Sanéierung, der nohalteger Mobilitéit, dem Hëtze mat nohaltegen Energieträger respektiv der Installatioun vun erneierbaren Energien am Regierungsrat Gréng Luucht kritt huet.

Nieft enger laangfristeg ugeluechter Strategie musse mir also gläichzäitig och Mesuren huelen, déi séier wierken. D'Regierung huet dës och gemaach mat engem Mesurëpak an Héicht vu 75 Milliounen Euro; et ass haut de Mëtteg schonn drop higewise ginn.

Besonnenesch d'Energieprimm an Héicht vun 200 bis 400 Euro jee no Zesummesetzung vum Stot ass eng Mesure, déi gezielt deene Stéit zeguttkënn, déi elo am meeschten eis Hëllef brauchen. Ech wëll hei nach eng Kéier drun erënneren, dass net just d'Beneficiairë vun der Allocation de vie chère des zousätzlech Primm automatesch kréien, mee dass de Plaffong vum maximalen Akommes, wat de Stot dierf hunn, ëm 25 % iwwer dem Plaffong läit, dee fir d'Allocation de vie chère gëllt. Domat ass dann och séchergestallt, dass mir méi e breede Krees vu Beneficiairen erreechen.

Och d'Iwwerhuele vun den Netzkäschte beim Gasresau duerch de Lëtzebuurger Staat wäert d'Kafkraaft vun all de Stéit protegéieren. En moyenne wäert all Gasrechnung ëm e Fënneftel erofgoen. Fir en duerchschnëttleche Stot kann dat en Erspuernis vu 500 Euro ausmaachen. Dat ass dat, wat den Här Turmes eis viregerechent huet.

De Stroumpräis gëtt stabiliséiert, andeems de Bäitrag vum Staat zum Ausgläichsmechanismus fir erneierbar Energien eropgesat gëtt an esou de Bäitrag vum Ennverbraucher erofgeet. Dës bedeit einfach ënnert dem Stréch nach eng Kéier am Duerchschnitt 60 Euro manner Käschte fir e Stot.

Mir sinn als LSAP der Meenung, dass do, wou legifréiert muss ginn, fir déi genannt Mesuren effektiv ëmzesetzen, dat elo ganz séier muss gemaach ginn. An ech hat et op dëser Plaz schonn eng Kéier gefrot.

Mir gesinn, dass déi aktuell Hausse vun den Energiepräisser eis Recht gëtt an eiser éiweger Standhaftegkeet zum Index. Et ass nach net esou laang hier, dass aner Parteien hei am Haus wollten d'Energieproduiten aus dem Indexwuerekerf eraushuelen. Gutt, dass d'LSAP dës Iddi ëmmer kategoresch refuséiert huet.

(Interruption)

An dëser eeschter Situatioun begrësse mir als LSAP ausdrécklech d'Initiativ vun der Regierung, d'Sozialpartner zesummenzerufen am Kader vun enger Tripartite. D'Tripartite ass d'Kriseninstrument par excellence an huet sech an der Vergaangenheet als en effikass Instrument vum Sozialdialog bewisen. Nëmme wa mir alleguerte mat vereente Kräften an enger léisungsorientierter Approche zesummeschaffen, komme mir virun.

Mir setzen alleguerten am nämmelechte Boot, ob Privatstéit oder awer Entrepreneuren. Déi aktuell Präisser vun de Matière premières wierke sech och op d'Margé vu villen Entrepreneuren aus, och wann natierlech net all Entreprise an deem nämmelechte Mooss der Präishauss ausgesat ass. Mir mussen elo zesummenhalen a Solidaritéit weisen, Solidaritéit mat deenen, déi am härteste vun den Energiepräisser hei am Land be-traff sinn, awer och – vergiesse mer et net – Solidaritéit mat deenen, déi aus engem Krich eraus bei eis kommen.

An nächster Zäit wäert esou munch Erausforderung op eis zoukommen. Dës kënnen mir net direkt beaflossen, mee mir kënnen awer selwer decidéieren, wéi mir dorops reagéieren. Solidaritéit a Mënschlechkeet sinn deen eenzege Schlëssel aus dëser Kris eraus. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hemmen. An da wier et um honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, an der Nuecht sinn d'Präisser op der Pompel ëm bis zu 40 Cent de Liter op iwwer 2 Euro geklommen. An ech mengen, mir huelen déi Situatioun do immens seriö. A mir mussen och wierklech deene Leit hëllef, déi elo Hëllef brauchen. Mee ech wëll awer nach eng Kéier virun Ae féieren, a wat fir enger Situatioun mer hei elo grad sinn: Mir sinn an enger Situatioun vu Krich. Mir sinn an enger Situatioun vu Krich an Europa, e Krich virun eiser Hausdier! Mir gesinn am Moment permanent fuerchtbar Biller op der Tële: Fraen a Kanner, déi flüchten, Männer, déi kämpfen, Mënschen, déi stierwen, Leit, déi alles verléieren, wat se hunn.

Dat féiert zu enger grousser Onsécherheet um Weltmarché, net just beim Pétrol, och bei de Liewensmitteln. A mir wëssen net, wat an den nächsten Deeg alles passéiert a wat an den nächste Wochen op ons duerkënn. An dat, wat mir elo grad erliewen, ass och de Präis vun Krich, dee mir bezuelen. Déi eng bezele mat hirem Liewen an och mir spieren dee Krich elo. An et heescht elo weider solidaresch sinn, esou wéi mer et och an deene leschten Deeg scho gemaach hu mat Demonstratiounen a mat Spenden a mat Solidaritéit weltwäit. An et heescht d'Fräiheet weider héichhalen.

Déi ganz Welt ass am Moment an enger schwiereger Situatioun. Wat mer elo brauchen, dat ass net, dass mer polemesch sinn, et ass net, dass mer an enger schwiereger Situatioun dat Ganz nach weider opheizen. Mee wat mer elo brauchen, ass, dass mer zesummestinn, dass mer deene Leit och hëllef, déi et brauchen, de Leit an de Krichsgebieder, de Flüchtlingen, an natierlech och deene Leit heiheim, déi et brauchen, well se ënnert de Präishauss leiden.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Dir Dammen an Hären, d'Regierung huet och do scho reagiert, ënner anerem andeems beim Gas d'Netzkäschten iwwerholl ginn an och beim Stroum. Mir haten eng Hausse vun der Allocation de vie chère ëm 200 Euro ugangs des Joers an d'Indexéierung vum Kannergeld. Mir hunn

eréischt kierzlech e weideren Top-up gemaach vun der Allocation de vie chère mat der Energieprimm tëscht 200 a 400 Euro pro Menage. D'Krittären, fir d'Allocation de vie chère ze kréien, goufe weider ausgeweit. Méi Leit sinn dofir eligibel. Et ass e cibléiert Instrument an et gräift virun allem bei deene Leit, déi et wierklech brauchen, mat engem niddregen Akommes, bei deene Leit, déi eebe just kee Spillraum am Portmonni hunn.

Wat mer elo musse kucken, ass, dass déi Mesuren och wierklech gräifen. Komme se bei de Leit un? Gräife se? Notzen déi Leit se, déi se brauchen? An dofir huet och d'Djuna Bernard, meng Kolleegin, eng Question urgente gestallt, fir dass mer wëssen, ob déi Mesurë gräifen. Virun allem musse mer derfir sueren, dass déi Mesuren och bei de Leit ukommen, also dass mer déi néideg Kommunikatioun do ronderëm maachen. An d'Regierung muss dat och am Bléck halen a gegebenefalls nobesseren.

Mee och um lokalen Niveau zum Beispill kënnen d'Gemengen aktiv ginn, andeems se en Top-up maache vun där Allocation de vie chère. Dat gouf zum Beispill zu Déifferdeng gemaach, sécher och an anere Gemengen. Ech hunn a menger Gemeng am Dezember scho gefrot, dass dat géif gemaach ginn. Do ass leider bis elo zwar nach näischt geschitt, mee et soll elo gläich kommen.

Et ass ëmmer einfach, séier Debatten unzefroen. Mee ech mengen, wat wierklech wichteg ass, dat ass, dass jiddwereen, och all Gemeng hei hir Verantwortung hält an dass mer alleguerten un engem Strang zéien.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Déi aktuell Situatioun impaktéiert natierlech net jiddwereen d'selwecht. D'Famillje mat méi Kanner sinn natierlech hei méi be-traff, d'Monoparentallen, a mir wëssen, dass mir zu Lëtzebuerg strukturell Ongerechtegkeeten hunn, an et ass dofir och wichteg, dass mer déi uginn. An et ass net déi éischte Kéier, wou ech hei soen, dass déi gréng derfir sinn, dass mer d'Steierkreditter erhéijen, well dat nämlech cibléiert ass a well et net zulaaschte vun den Entreprisë geet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Virun allem ass dat heiten awer eng global Fro, ëm déi et hei geet. A Lëtzebuerg huet och do scho Saache gemaach. Mir hunn zum Beispill do matgemaach, wou et drëms geet, dass en Deel vun onse Pétrolsreserve fir de Weltmarché fräig gëtt, fir dass esou eeben d'Präisser sech stabiliséieren. An et ass elo natierlech wichteg, dass mer derfir sueren, dass d'Pétrolsentreprisë sech elo net un där heiter Situatioun beräichere kënnen. Dofir gëtt et jo och dee REPower-Programm vun der Europäescher Kommissioun, iwwert deen haut am Europäesche Conseil geschwat gëtt, wou et drëms geet, dass d'Revenuen distribuéiert ginn, andeems den Energiefirmen hire Profitt elo méi héich besteiert gëtt an d'Revenuen aus dem ETS redistribuéiert ginn.

Dir Dammen an Hären, ech warne wierklech dovir, dass mer elo hei iwwerschnell Reaktiounen huelen, dass mer Mesurë proposéieren, déi net konform si mat eiser ambitiöser Klimaschutzpolitik, dass mer Mesurë proposéieren, déi schwéier bis guer net ëmsetzbar sinn, oder Mesuren, déi deier sinn.

Bei där aktueller Präisevolutioun musse mer dat wierklech net kuerzfristeg kucken. Mir mussen net Politik maache vun enger Drëps op de waarme Steen, déi wéineg Impakt huet, mee mir musse wierklech d'Suen sou investéieren, dass se bei deene Leit ukommen, déi et brauchen, dass mer sozial gerecht Mesurë maachen, dass mer Mesurë maachen, déi konform zu onser Klimaschutzpolitik sinn an déi virun allem ons



Onofhängegkeet – dat wat mer elo virgewise kréien – och an Zukunft weider stäerken.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Härren, déi ganz Situatioun, déi mer hei hunn, weist eeben och grad, wéi ofhängeg mer si vun de fossillen Energien an dass mer dofir aus dem Gas an dem Pétrol mussen erausklammen, awer genau sou gutt och aus der Kuel an aus der Atomenergie, dass mer elo net de Feeler dierfe maachen, dass mer nei Ofhängegkeeten hei schafen, wou d'Ressourcen zum Deel nach méi rar sinn, an do schwätzen ech vun der Atomenergie.

An ech mengen, hoffentlech huet elo jiddwereen dat doten och verstanen! Et ass och gutt, dass mer zu Lëtzebuerg an de leschte Joren d'Energieimporter scho reduzéiert hunn. Mir hunn an de Joren zwëscht 2010 an 2020 e Minus gehat vu 24 % vun Energieimporter an op deem dote Wee musse mer justement weidermaachen, mat Mesuren, déi ekologesch a sozial gerecht sinn.

Dat hu mer gemaach mat Primmen zum Beispill fir d'Bierger, fir dass se kënnen un der Energietransitioun deel huelen, fir dass se méi onofhängeg ginn, mat engem qualitativ héichwäertege gratis ëffentlechen Transport. An dee Wee musse mer weidergoen: méi ëffentlechen Transport, méi sécher Vëlosweeër, Elektromobilitéit, Wärmepumpen, grénge Waasserstoff an esou weider, héich Investitiounen an d'erneierbar Energien, Energieeffizienz, dat heescht grad elo investéieren, eng antizyklesch Investitiounspolitik maachen, fir esou och ons Economie ze stäerken a méi onofhängeg ze ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Härren, mir si wierklech hei an enger exzeptioneller Situatioun: den Ukrain-Krich, dee Konsequenzen op déi ganz Welt huet. Et heescht elo, net ze panikéieren an enger schwieriger Situatioun. Mir mussen zesummestoen, e kloer Kapp behalen, cibléiert deene Leit hëllefen, déi e wierklech brauchen, kucken, dass mer esou séier wéi méiglech aus de fossillen Energien erausklammen.

A meng Fraktioun begréisst et natierlech, dass d'Regierung elo déi national Tripartite aberuff huet, d'Tripartite, déi e Kriseninstrument ass, well mir sinn hei zu Lëtzebuerg eng national Schicksalsgemeinschaft an dofir brauche mer och dat Kriseninstrument vun der Tripartite. Mir mussen elo solidaresch sinn, mir mussen zesummestoen, esou wéi mer et an de 70er-Jore gemaach hu bei der Stolkris. Dat ass dat, wat elo wichteg ass. An deem Sënn soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Här President, ech wollt dem Här Benoy eng Fro stellen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Benoy, erlaabt Dir, datt den Här Mosar Iech eng Fro stellt?

**M. François Benoy** (déi gréng) | Selbstverständlech.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Här Benoy, Dir hutt virdrun eng Ausso gemaach, wou Der gesot hutt, d'Gemenge sollten och elo hir Responsabilitéit iwwerhuelen. An do hutt Der gesot, an der Stad wär zwar nach näischt passéiert. Ech wëll Iech just dat heite soen: Et ass eng Kommissiounssitzung den nächsten Dënschdeg fixéiert ginn an Är gréng Kolleegin huet eis elo schonn e

puermol geschriwwen, ob mer déi net kéinte verleeën, well si do keng Zäit hätt.

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Mosar, dat dote war net eng Fro, dat war just eng Feststellung op einfach eng Ausso.

(Brouhaha)

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, also dann, ech géif awer ganz gäre kënnen dorops reagéieren, wa mer dann effektiv elo esou weidermaachen. Also mir hunn déi do ... Här Mosar, ech a meng Fraktioun, mir hunn déi dote Propos am Kader vun de Budgetsdebatten am Dezember gemaach, Här Mosar. Dat ass dräi Méint hier! An Dir hutt déi do Kommissiounssatzung op eng Plage geluecht, wou och Schoulkommissioun ass, wou Der genau sou gutt wësst wéi ech, dass déi concernéiert Conseillère sech net ersetze kann, Här Mosar. Dat ass d'Realitéit!

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir sinn hei net am Stater Gemengerot. An domadder géif ech d'Wuert un den honorabelen Här Fred Keup ginn.

(Brouhaha et interruption par M. Michel Wolter)

Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Jo, et ass eng ganz, ganz, ganz dramatesch Situatioun, an dat net eréischt säit gëschter, net eréischt säit enger Woch, mee schonn e bësse méi laang. An ech wëll och net onbedéngt als Argumentatioun eenzel Schicksaler virbréngen, mee et ass awer eent, wat mech dach awer staark getraff huet, an dat ass schonn dräi Wochen hier. Dat war also nach virum Krich an der Urkain, wéi e Mann bei mech komm ass vu 35 Joer, deen net méi wouss, wéi en nach sollt d'Enner um Enn vum Mount zesummekréien, deen Tréinen an den Aen hat: Gasrechnung vu 500 Euro, Bensinspräisser, déi deemools schonn extreem an d'Luucht gaange waren.

A wann een dann och nach net grad no bei der Aarbechtsplaz wunnt, mee eventuell méi am Éislek oder am Süden an et muss een an den Zentrum oder op eng Plaz eebe méi wäit fueren, dann ass dat am Moment wierklech ganz dramatesch an dann ass et, fir elo kuerzfristeg eppes ze änneren, fir dass et deene Leit besser geet.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | A mir schwätzen och net vun enger Persoun an net vun honnert, mir schwätze vun Zéngtausenden an Zéngtausende vu Leit hei am Land, déi am Moment déi Problemer hunn. Dat ass natierlech och eng direkt Konsequenz vun de Liwwerengpäss, natierlech och vum Krich – natierlech! Dir hutt et jo och scho gesot –, mee et ass awer och eng Konsequenz vun der Politik heiheem, vun der Politik vun der Lëtzeburger Regierung.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Wa mer d'Rechnung maachen, a si ass scho gemaach ginn hei: Mat Akzisen, TVA, CO<sub>2</sub>-Steier gewënnt de Staat op engem Liter bal d'Hallschent vun Präis. Dat heescht, de Staat beräichert sech an der aktueller Situatioun a vill Leit dobausse leiden. An dobäi sinn d'Heizen an och d'Mobilitéit e Grondbedierfnis, an och net jiddwereen – an Dir heibanne kommt jo och net all mam ëffentlechen Transport –, net jiddweree ka mam ëffentlechen Transport op seng Aarbecht fueren. Vill Leit sinn ugewisen op den Auto.

Et ass, ech wëll dat soen, net eleng d'Schold – dat wier jo elo ze einfach – vun de grénge Kolleegen an der Regierung, awer eeben trotzdeem och, well wéi mer schonn oft hei gesot hunn: „Gréng gëtt deier“, méi deier wéi bei deenen aneren.

An ech wëll hei eppes zitieren, wat mech e bëssen opbruecht huet, dat stoung gëschter bei rtl.lu. De Roy Grotz hat dat geschriwwen, an ech zitieren dat elo: „Fir d'Ministere Yuriko Backes, Carole Dieschbourg a Claude Turmes huet d'CO<sub>2</sub>-Steier de gewënschte ‚Lenkungs-Effekt‘: Sou wieren d'Präisser op der Pompel manner attraktiv ginn.“ Manner attraktiv sinn d'Präisser op der Pompel effektiv, an haut nach vill manner attraktiv wéi gëschter.

(Brouhaha)

An hei hu mer dann d'Ministèren, déi sech op d'Schëller klappen, déi frou sinn, dass d'Präisser op der Pompel manner attraktiv sinn ...

(Protestations)

... an dass se de gewënschte Lenkungseffekt ... Jo, Dir kënnt grommelen!

(Interruptions et coups de cloche de la présidence)

**Une voix** | Dir hutt scho vill geléiert!

**M. Fred Keup** (ADR) | Hei ass et jo tel quel gesot ginn, de gewënschte Lenkungseffekt ass also elo erreecht, d'Präisser si méi héich.

(Brouhaha)

An et ass och net nëmmen d'Geopolitik, wéi gesot, déi schold ass. An dass Dir als Regierung mat schëlleg sidd un dëser Entwécklung, dat weist de Präisverglach mat anere Länner. Mir hunn effektiv haut, esou wäit ech gekuckt hunn ... An der Belsch ass den Diesel elo tatsächlech méi bëlleg wéi zu Lëtzebuerg. Op verschidde Tankstellen a Frankräich ass den Diesel méi bëlleg wéi zu Lëtzebuerg. Dat ass dach „du jamais vu“. Ech ka mech net dorun erënneren, dass dat iergendwann eng Kéier d'Situatioun soll gewiescht sinn.

An da kommt, mir kucken emol nach e bësse méi wäit: Haut de Mëtten um 13.00 Auer huet den ADAC geschriwwen, dass de Präis fir e Liter Diesel an Ungarn bei 478 Forint läit. Dat entsprécht 1,33 Euro an Ungarn fir de Liter Diesel.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat si jo Är Virbillen.

**M. Fred Keup** (ADR) | An dobäi ass Ungarn jo awer genau sou vum Krich an der Ukrain betraff a genau sou ofhängeg vum weltwäite Marché. Et geet also och anescht, Dir Dammen an Dir Häre vun der Regierung!

An da kënnt d'Madamm Lenert heihin, elo virdrun, wéi déi Debatt hei ugefaangen huet, a si seet am Fong: „Mir maachen elo näischt. Mir diskutéieren emol. Mir kucken emol. Mir maachen eng Tripartite.“ Jo, Tripartite ass gutt, absolutt, mee wéini dann? A wéi laang dauert dat dann alles? Fir mech kléngt dat do e bësse wéi dat däitscht Spréchwuert: „Wenn du nicht mehr weiter weißt, dann gründe einen Arbeitskreis!“

(Brouhaha et interruptions)

Virun Ouschteren ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat weist, wat Dir vum Sozialdialog haalt!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat do seet genuch iwwer Äre Respekt vis-à-vis vum Sozialdialog hei zu Lëtzebuerg!

(Coups de cloche de la présidence)

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, d'Wouerecht deet wéi! Virun Ouschteren, dat ass de 17. Abrëll. Ech stellen hei fest, dass d'Regierung d'Urgence net erkannt huet. An ech stelle fest, wat Dir hei ugekënnegt hutt, Madamm Lenert, dat ass näischt anescht an der aktueller Situatioun fir vill Leit wéi eng Bankrotterklärung vun der Regierung. Et ass elo Zäit fir ze handelen, an net a sechs Wochen!



An dobäi gött et Léisungen. D'CSV huet der scho virgeschloen a mir schloen der och vir. A mir hunn déi och hei an enger Motioun zesummegeschriwwen, fir dass jiddweree se schwaarz op wäiss duerno gesäit: éischstens, eng ersatzlos Ofschaffung vun der desastréiser CO<sub>2</sub>-Steier – direkt! –, zweetens, en Erofsetze vun der TVA, zemools beim Brennes, vu 14 % op 3 %, ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | ... eng Unerkennung vun den Energieproduiten als Grondbedierfnis an eng entspreichend Steierreform, eng automatesch Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun an eng objektiv a wäertneutral Zesummesetzung vum Wuerekuurf beim Index, déi och d'Energiepräisser muss adequat berücksichtigen, an dat och an Zukunft.

#### Motion 1

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

– d'Präisser fir ze tanken a fir ze hëtze säit dem Ausbroch vum Krich an der Ukrain ongebremsst an d'Luucht ginn;

– d'Steiere bei der Zesummesetzung vun den Energiepräisser eng weesentlech Roll spillen, besonnesch d'TVA an och déi op den 1. Januar 2021 agefouert CO<sub>2</sub>-Steier;

– dës Steierbelaaschtung déi Leit mat engem klengen Revenu an déi Leit, déi um Land wunnen, souwéi d'Frontalieren iwwerproportional betrëfft,

*ass sech bewusst, datt*

– Lëtzebuerg Gefor leeft, hei op gesamtgesellschaftlech Spannungen zouzesteieren,

*fuerdert d'Regierung op,*

– an dëser Krichssituatioun sämtlech Steieren an Akzisen op Brennstoffe fir den Auto a Masutt fir ze hëtzen doropshin op de Leescht ze huelen, wéi wäit dës Steiere kënnen erfogesat, ausgesat oder ofgeschafft ginn;

– d'CO<sub>2</sub>-Steier vum 14. Mäerz u bis op Weideres ersatzlos aussetzen;

– vum 14. Mäerz u bis op Weideres de superreduzierten TVAs-Saz vun dräi Prozent op sämtlechen Energieproduiten ze applizéieren;

– eng Unerkennung vun den Energieproduiten als Grondbedierfnis an eng entspreichend Steierreform;

– eng automatesch Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun;

– eng objektiv a wäertneutral Zesummesetzung vum Wuerekuurf, déi och d'Energiepräisser adequat berücksichtegt.

(s.) Fred Keup.

A ganz besonnesch d'CO<sub>2</sub>-Steier – schéin a gutt, Ideologie hei an do –, mee hei geet et wierklech ëm en Noutfall! An dat ass eppes, dat kéinte mer wierklech an Zäit vun e puer Deeg einfach aussetzen. D'Situatioun ass brenzeleg. Kommt, mir maachen dat!

Et geet hei einfach drëms: Wat hätt Der gären? Hëllef fir Leit an Nout elo direkt oder wëllt Der un der Ideologie festhalen? Mir wëllen op jidde Fall Hëllef fir Leit an Nout, d'Leit brauchen Hëllef, elo kuerzfristeg. Kuerzfristeg brauchen d'Leit Hëllef an net eréischt a sechs oder siwen oder aacht Wochen oder iergendwa Mokuchsdag!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Keup, erlaabt Der, datt den Här Benoy Iech eng Fro stellt?

**M. Fred Keup** (ADR) | Natierlech!

**M. Fernand Etgen**, Président | Nee, datt d'Madamm Empain eng Fro stellt?

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Villmools merci, Här Keup. Ech wollt net op alles agoen, wat Der elo gesot hutt. Et ass eebe just, mir haten eis dat hei eng Kéier erausgedréckt, well mer geduecht hunn, et ass och méi einfach, wann een et eng Kéier bildlech gesäit:

(Mme Stéphanie Empain montre un graphique.)

Dat a Rout, dat ass dat, wou ee kéint soen, dat ass de Putin, deen deier gött. Dat heiten ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ass dat eng Fro?

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Fro kann nach kommen.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Här Kartheiser, se kënn nach.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dir hutt Recht, Här President.

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech si gespaant, jo.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Dat doten, ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo?

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | ... dat ass d'CO<sub>2</sub>-Steier. Dat sinn 0,06 Cent.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Dat ass Äre „Gréng gött deier“. Wëllt Dir mir wierklech hei erzielen – dat ass elo meng Fro –, dass et gréng ass, wat deier gött? Also kënn Dir Iech wierklech rouege Gewëssens dohinnerstellen an hei versichen, der Welt kloerzemaachen, dass et gréng ass, wat elo den aktuelle Präis an d'Luucht dreift? Also ech mengen, do kréie mer...

**Plusieurs voix** | Jo!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | An Dir maacht gutt mat!

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, kënn Dir da rouege Gewëssens heihinnerkommen a soen: „Et dierfen elo keng kuerzfristeg Moosnamen ...“ – dat huet den Här Benoy gesot –, „Et dierfen elo keng kuerzfristeg Moosnamen ergraff ginn“, an „Mir müssen elo méi wäit kucken?“ ...

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Da sidd wéinstens e bësselchen éierlech a sot dat, wat e wierklech gesot huet!

**M. Fred Keup** (ADR) | Ma d'CO<sub>2</sub>-Steier ass en Deel vun deem Ganzen. An déi ganz Politik, déi gemaach gött, ass en Deel vun deem Ganzen. An Dir hutt Iech gebreetzt mat den héije Präisser, wéi Der gesot hutt, si wieren elo manner attraktiv. Kommt, mir maachen et ...!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Hu mer dat wierklech gesot, gëschter?!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Dir kënn awer net hei hors contexte déi ganzen Zäit Saachen erzielen, déi net stëmmen! Dir kënn Iech net heihinnerstellen ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Ma de Roy Grotz huet dat op rtl.lu geschriwwen!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Här Keup, Dir kënn Iech net heihinnerstellen ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Ma dach!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | ... a soen ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Ma dat, wat ech soen, dat sinn d'Fakten!

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Keup huet d'Wuert!

**M. Fred Keup** (ADR) | Dir wëllt et net héieren. Dat sinn d'Fakten! Esou ass et!

(Interruptions diverses)

An anere Länner kascht den Diesel 1,50 Euro, 1,60 Euro. Ma firwat brénge mir dat dann net fäerdeg?

**Une voix** | Fakenews.

**M. Fred Keup** (ADR) | Da kommt, mir setzen déi Steieren erof! ... Et geet dach!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Ech wiere mech géint d'Ausso, dass déi gréng sech heihinnerstellen an esou enger Kris a sech géife freeën an där Situatioun, déi mir hei hunn! Dat kann net sinn.

(Brouhaha général et protestations)

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Empain, ...

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Dat kann net sinn!

**M. Fernand Etgen**, Président | ... Dir musst d'Wuert froen an da kritt Der et! Awer Dir hutt d'Wuert elo net gefrot!

**M. Fred Keup** (ADR) | ... realistesch Politik. Maacht eppes fir d'Leit!

**Plusieurs voix** | Voilà!

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Selbstverständlech richteg!

**M. Fernand Etgen**, Président | Wann een d'Wuert freet, da kritt een et och, mee da muss een d'Wuert fir d'éischt froen a kréien. Dir hutt d'Wuert geholl. An ech ginn Iech et elo.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech entschëllege mech derfir, dass ech mer d'Wuert net nach eng Kéier gefrot hat. Ech wollt mech just wierklech géint déi Ausso oder déi Duerstellung wieren, dass déi gréng sech géife freeën iwwert déi Situatioun, an där mir hei sinn.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dir stellt keng Fro.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Et war keng Fro! Ech reagéieren op déi Ausso, an ech mengen, dat dierf erlaabt sinn, Här Kartheiser.

**M. Fred Keup** (ADR) | Also ech versti jo, dass Der nervös sidd! Mee dat ass dat, wat de Roy Grotz gëschter op rtl.lu geschriwwen huet. Da musst Der mat deem schwätzen! Ech soen Iech awer Merci an ech hoffen, dass Der Iech ännert. Merci.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Keup. An ech mengen, mir géifen elo bei e bësse méi Rou kommen, an da gi mer der Madamm Myriam Cecchetti d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Villmools merci, Här President. Also alleguer elo emol erëm zrëckkommen an: „om“!

(Hilarité)

An da fänke mer erëm vu vir un an da geet et eis alleguer erëm besser. Voilà, ech soen Iech am Virfeld elo scho Merci, well ech kritiséieren natierlech och e ganze Koup Saachen.

**Plusieurs voix** | A!

**Une voix** | Voilà!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | An dat mat „om“, ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Mat „om“, genau!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | ... wannechgelift!



**M. Fernand Etgen, Président | Mat Rou.**

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Mat Rou.**

Här President, de Spritt gëtt onbezuelfar. Déi Leit, déi all Dag op d'Schaff fuere mussen a keng brauchbar aner Optiounen hunn, mussen säit e puer Wochen ëmmer méi héich Präisser bezuelen. D'Hausse gëschter huet den Diesel an de Bensinn fir vill Leit zu engem Luxusartikel gemaach. Derbäi kommen nach déi immens héich Gas- a Masuttpräisser. Vill Stéit stinn elo virun der Fro: Ginn ech tanken oder kréien d'Kanner e puer nei Schung? Hëtzen ech d'Wunneng oder kafen ech lokal a regional an?

Et ass wichteg, sech bewusst ze maachen, dass dat elo eng Realitéit ass an der aktueller Situatioun. Mir hunn ëmmer virdru gewart, wat Präishaussen op Basisser- vicer a -wuere fir vill Leit bedeiten. Hei entsteet eng Situatioun vu Knappheet an Ausgrenzung fir Stéit mat kleng Revenuen, fir Leit, déi deelweis schwéier schaf- fen, fir sech hiet Liewen net méi finanzéieren ze kë- nen! A mat „Liewen“, do si keng extravagant Hobbye gemengt, nee, mee fundamental Besoine wéi eng Heizung kënnen unzemaachen, en Déplacement, d'Wunneng oder déi wéchentlech Akeef.

D'Situatioun haut ass sécherlech eng Konsequenz vun der Pandemie an der klammender Nofro bei der Energie mam Ausklänge vun dëser Pandemie. Et ass evident, dass de schreckleche Krich an der Ukrain an d'geopolitesch Destabiliséierung an Europa d'Situa- tioun um Energiemarché nach eng Kéier enorm ver- schäerft hunn. Mee dass mir haut do sinn, wou mir sinn, huet awer ganz am Ursprung aner Grënn, an déi wiere sécher ze verhënnere gewiescht!

Mir sinn total ofhängeg an Europa, mee am Speziellen och zu Lëtzebuerg, vum Import vu fossillen Energien. Mir sti bei den erneierbaren Energien an de Kanner- schung. Mir kommen net viru bei den energieetesche Renovatiounen. Mir si beim Klimaschutz dowéinst ganz wäit vum Schoss. Dass de Bilan zu Lëtzebuerg an an Europa! An dat 30 Joer no der Klimakonventioun vu Rio, 30 Joer! Bis heihinner ass d'Klimapolitik an Europa an zu Lëtzebuerg gescheitert.

D'Situatioun haut mat den explodéierende Präisser an eis Ofhängegkeet vun Ueleg- a Gasimporter aus autoritärer Staate sinn och eng direkt Konsequenz vun deem Versoen. Déi allermeecht Leit droe keng Responsabilitéit fir dat alles, mee si kréien haut awer d'Quittung. Dat Versoen huet en Numm: d'Liberali- séierung vum Energiemarché, déi eis als Wonnermët- tel verkaaft gëtt, an dat säit Joerzénge!

Och eis Regierung ass hei stuer wéi e Bock a biet dat gebietsmillenaarteg vir. Mir kruten erzielt, d'Energie géif méi bëlle ginn duerch des Liberaliséierung, d'Konsumte géife méi Rechter kréien duerch des Liberaliséierung an den Ausbau vun den erneierbaren Energie géif beschleunegt ginn duerch des Liberaliséierung. Dat alles stëmmt awer einfach net!

Mir sinn haut an enger Situatioun, wou d'Energie net méi en ëffentleche Service ass, mee e Produit wéi en aneren, dee staark finanziarisiert ass. Op Boursen, op spezielle Marché gëtt e gehandelt wéi all aner Aktien!

D'Ironie vun der Geschicht ass awer déi, dass d'Deier- echt, déi mir haut op der Pompel oder op der Gas- rechnung liesen, grad de Multinationallen am fossille Beräich an de Finanzjongleuren an d'Kaarte spillt. Et si si, déi hei massiv asäckelen, an et ass de liberaliséierte Marché, dee genee dat bewierkt!

Hedgefonge freeë sech grad driwwer, dass während der Pandemie vill Investore fossill Investitiounen ofge- stouss hunn a si déi fir bëlle Geld konnten opkafen.

Et ass dës Dynamik, déi eis d'Präisdeierecht mat- bruecht huet, well d'Fournisseure bei klammender Demande en absence vun erneierbaren Energie kuerz- fristeg op genau deen doten Energiemarché hu missen zrëckgräifen, fir Energie bäizekafen. Trotz klammenden CO<sub>2</sub>-Präisser verdéngen déi haut am allermeechten!

Mee mir mengen trotz dësem düstere Constat fir d'Situa- tioun haut, dass d'Kéier awer nach ze kréien ass. Dofir mussen mir an Europa ewechkomme vun der Sechen, dass de Maart an d'privat Kapital gesteiert iw- wert d'Präisser d'Energietransitioun géife bewierken. Dat wäert net passéieren!

Op EU-Niveau schläiche sech elo zwar Begrëffer wéi „reglementéiert Präisser“ mat an d'Communiquéen an. Haut soll jo och op EU-Niveau erëm verhandelt ginn iwwert d'Energie. Mee dass ass erëm just tempo- raire, well nach ëmmer gemengt gëtt, dass déi aktuell Entwécklung eng Ausnam vun der Regel wier. Mee mir mengen, dass et éischter d'Regel kéint ginn!

Mir sinn der Meinung, dass d'Energie net eleng iw- wert d'Präisser gereegelt dierf ginn. Energieproduk- tioun an -distributioun gehéiere fir eis wéi d'Waasser zu den ëffentlechen Services a soumat an d'ëffentlech Hand a mussen och eng absolutt Prioritéit gi vum Staat an de Gemengen.

Dës géif an eisem Aen zwee wichteg Avantagé brén- gen: Éischtens kënnen mir gestaffelt Präisser aféiere mat Sozialtariffer fir Stéit mat kleng Revenuen an ekologesch Tariffer, fir Energieaspuerungen ze favori- séieren. Dës hätt och eng Wirkung iwwert de Präis, mee awer eng sozial gerecht an eng ekologesch sën- noll. Zweetens, de Finanzement vum Réseau kéint iwwert d'Steieren an net iwwer sozial ongerecht Fix- kassche finanziert ginn.

Doriwwer eraus muss d'Regierung endlech ewech- komme vun deem éiwege Gedokters u Primmen, déi d'Leit zu ekologeschen Uschafungen an Investitiounen solle bréngen.

Mir soen et elo scho ganz laang an ech soen et hei erëm: Mir brauche vill méi grouss ëffentlech Subven- tiounen an d'energieetesche Sanéierung. An déi Hëllef muss prioritär déi akommeschwächst Stéit viséieren an net déi akommesstäerkst, wéi et haut ass. E Stot muss de Méiwäert an d'Machbarkeet vun esou engem Invest kënnen erkennen. Dass geet iwwer ëffentlech Hëllef a Kreditter an iwwer eng seriö Begleedung duerch Fachleit fir esou e Renovatiounsprojet. Dass misst och der Regierung grad elo wierklech alichten, well et sinn déi Stéit mam mannste Revenu, déi haut am meeschte Krämpes hunn, fir des Präishaussen ze meeschteren.

Dass selwecht gëllt an der Mobilitéit. Elektroautoe kaschten trotz Primme vill Geld an et kritt ee se och nach net erbäi, an d'Stéit, déi dermat fuere, si kafkräf- teg. Si si geschützt viru Präishauss vum Spritt. Mir hunn domat e fundamentale Problem.

Elektromobilitéit ass sécherlech en Deel vun der Mobilitéit vun der Zukunft, jo. Mee mir wëllen net Autoe fir jiddweree finanzéieren, mee e Service, dee jiddwerengem et erlaabt, sech fortbeweegen ze kë- nen. Dozou gehéieren Infrastrukture fir d'duuss Mobilitéit, den ëffentlechen Transport an dann awer och Carsharingservicier, déi an der ëffentlecher Hand gereegelt gi mat sozial gestaffelte Präisser.

Mir wëssen, dass dës mëttel- bis langfristeg Chantiere sinn, déi net vun haut op muer Friichten droen. Mee et muss awer endlech eng Kéier ugaange ginn! Wourouer waart d'Regierung dann eigentlech nach?

Elo direkt ass fir eis awer dat Allerwichtigst, den Drock weinst de Präishauss bei der Energie vun de Stéit

erofzehuelen. Mir proposéieren dofir en Energiegeld fir all Stot an der Héicht vun 100 bis 200 Euro de Mount, jee no Gréisst vum Stot. Dass Energiegeld sollt als Complément de revenu, also als besteierbaart Akommes un all Stot ausbezuelt ginn. Stéit ënnert dem Revenu médian sollen op alle Fall näischt mussen zrëckbezuelen, wat mat enger Upassung beim Crédit d'impôt misst garantéiert ginn. Iwwert dee Wee kann hei eng sozial Progressivitéit geschafe ginn.

Dës Energiegeld ass an eisem Aen dat Einfachst an dat Séierst. Et deckt och all Deierechten of, Gas a Masutt, Diesel a Bensinn. Et ass flexibel upassbar un d'Evolu- tioun vun de Präisser an derbäi kënt eng sozial Pro- gressivitéit, déi d'Reduktiounen bei de Fixkasschen um Réseau, wéi vun der Regierung annoncéiert, net ga- rantéieren.

D'Allocation de vie chère, déi d'Regierung jo ëmmer uféiert an elo fir all Deierechten hierhale muss, ass fir eis hei net méi adaptéiert. Si geet an der aktueller Form einfach net duer, fir des Haussen ze kompen- séieren. Ze vill Leit sinn net eligibel, an dernieft froe ganz vill Leit se och einfach net un, well kee gëllt gären als aarm, kee geet gären op den Aarmebüro no Sue froen. Mir wëllen dass de Stéit och elo net hei zou- mudden.

Här President, mir wëllen also kuerzfristeg de Stéit hëllefen an d'Deierecht integral kompenséiere fir all Stot ënnert dem Medianloun. Eis éischt Preoccupa- tioun ass hei ganz kloer eng sozial. Mee d'Bréck hin zu där ekologescher Urgence mussen mir ganz, ganz, ganz séier schloen. Mir hu keng Zäit méi ze verléie- ren.

Zum Schluss nach just eppes. Déi eng hu keng Suen, fir sech den Tank ze fëllen, an déi aner fléie fir zwee Deeg op Dubai. Dass och eng Realitéit! An déi Lescht kënnen natierlech déi Éischt ganz schlecht an hirem Misär verstoen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti.** An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President.** Fir d'Éischt och emol alles Guddes fir Äre Gebuertsdag! Et war jo schonn e bësse Stëmmung heibannen. Ech probéieren dass awer elo e bësse méi konstruktiv duerch- zebréngen. Och fir Iech e schéinen, agreabele Gebuertsdag!

Ech wäert fir d'Éischt op d'Weltsituatioun, dann op d'Situatioun hei am Land agoen an duerno op déi eenzel Léisungsvirschléi.

Ech mengen, et ass schonn e puermol ugeklongen: Et ass duerch d'Ukrain, duerch de Krich, den Ugrëffskrich, dee Russland gefouert huet, wou déi Pétrolspräisser explodéiert sinn. Virdru ware se scho volatil. Kuckt een awer elo op déi lescht 14 Deeg zrëck, wat do op den eenzelne Bourse weltwäit geschitt: Gëschter Owend si se ëm 10 % gefall, elo de Mëttag si se erëm 5 % erop. Also se sinn immens volatil. Virdru hu se gesot, Krypto wär volatil. An der Tëschenzäit ass den Ueleg méi Spekuliatioun gi wéi déi eenzel Kryptoen. Dass heescht, dass därfe een och net um ganze Weltmarché vergiessen.

Et ass awer och eng Diskussioun, déi mir Piraten net wëlle féieren, fir ze soen: „Kuckt, wéi schlecht déi eng et an der Ukrain hunn oder déi aner heil!“ Nee. Natierlech muss een de Leit an der Ukrain hëllefen. Et därfe een awer net déi aner hei vergiessen! An et därfe een och net de Leit soen hei: „Nee, Dir musst elo eens ginn, mir hëllefen deenen aneren.“ Dass ass



einfach eppes, wat een net soll ze vill matenee vermëschen a scho guer net géigeniwwerstellen.

Zousätzlech derbäikomm ass, dass an der aktueller Situatioun den Dollar immens héich ass, soudass dat och nach eng Kéier géint déi ganz Produite gespillt huet an eis Energie nach eng Kéier méi deier ginn ass. Doduerch, dass Amerika awer elo e klengen Embargo gemaach huet an net méi de russesche Pétrol huet, hate mer eng kuerz Hausse, déi jo awer elo zimmlech ofgefiedert ginn ass. A bon, d'OPEC-Länner wäerte sech vläicht nach eng Kéier rëselen a méi op de Marché bréngen.

Dat elo emol zur Weltpolitik, wou eigentlech mäi Message sollt sinn, dass dës Regierung net un allem schold ass an och mir als Parlament net alles beaflosse kënnen. Well alles, wat ech bis elo opgezielt hunn, wäerte mir haut an der Chamber an och an nächster Zukunft net esou schnell änneren.

Et sinn awer déi ganz kleng Saachen, déi mer kënnen hei am Land änneren. A bon, mir Piraten si bekannt derfir, dass mer eigentlech méi Ëmweltschutz wëllen an och e Pétrolspräis bei eis net Dumping soll sinn. Mee mir sinn awer och do ganz éierlech, an dat ware ganz vill Diskussiounen, déi mer och parteiintern déi lescht Deeg haten, dass eisen Idealismus fir eng méi konsequent Ëmweltpolitik an der aktueller Situatioun de Leit hei am Land et awer net erméiglecht, fir – soe mer – mat engem normale Salaire kënnen iwwert de Mount ze kommen.

Et ass sécherlech jo och eis Vue gewiescht, dass mer aus dem fossille Brennstoff mussen eraus, an dat och iwwer eng Präishausse. Dofir hate mir jo dee Klimabonus virgeschloen, dass ee mat deenen 8 Tonnen CO<sub>2</sub>, a wat een driwwer verbraucht, och mat 2, 3 Euro de Liter ... Mee de Klimabonus ass net do. Deement-sprechend ass et och elo schwierig, wann elo d'Pom-pel 2 Euro verlaangt. Et ass e bëssen ze schnell gaangen. D'Visioun muss sinn, dass mer erauskommen, mee et ass elo ze schnell gaange mat den Haussen.

Derbäi kënnt, mir hätten als Piraten jo gären, dass déi meescht Leit Elektro fueren. Do sti mir och nach ëmmer derzou. Mee zum Beispill: Déi sinn net liwwerbar, wou mer da schonn op engem Problem sinn, wou d'Leit am Moment, elo wou de Pétrol esou deier ass, net einfach hir Situatioun kënnen verbessern. Si kënnen och net einfach eng Heizung muer ëmbauen. Gitt emol bei en Handwierker froen, wivill Zäit dass ee brauch! Gitt emol bei Solaranlage kucken! Dat ass am Moment de Problem.

Dofir hu mir eis an de leschten Deeg och Gedanke gemaach, dass een elo muss déi Direkthëllef bréngen, dass een elo direkt muss de Leit eppes ginn, zum 1. Abrëll, fir dass direkt eppes do ass. An ech hat och do Luef ausgeschwat dem Här Turmes an der Madamm Cahen, wéi mer hei d'Energieprimm presentéiert kritt hunn, plus de Gas.

De Problem ass, also de Moien, wéi mer d'Recherche gemaach hunn ... Den Här Hahn huet elo gesot: „Beim Familjeministère kann een déi ufroen“, mir kruten hei versprach, um guichet.lu – do ass nach näischt! Also mir hunn näischt fonnt. Dunn hunn ech schnell um Familjeministère gekuckt, wéi den Här Hahn dat gesot huet – do hunn ech och näischt fonnt. Dat heescht, d'Leit setzen e bësse ratlos do, well se kréien hir Energieprimm nach net. D'Regierung huet se zwar versprach, déi Kommissiounssëtzung war d'lescht Woch. Mir kruten hei gesot: guichet.lu. Et ass nach näischt do! Dat ass e bëssen de Problem.

Dat selwecht beim Gas: Jo, do gött elo d'Netzwerkstruktur erausgeholl – den Här Turmes kann et jo herno soen –, mee da wäerte mer herno beim Mee landen. D'Leit brauchen et awer elo! Elo sinn d'Haussen

do, elo mussen d'Leit hire Bensinn an Diesel bezuelen, fir kënnen op d'Aarbecht ze fueren. Well wa se net méi op d'Aarbecht fueren, hu se e ganz anere Problem herno. Dat ass de Problem. D'Leit mussen elo hir Rechnunge bezuelen, déi se doheem hunn. Dat ass de Problem!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Wa mir waarden op déi aner Gesetzter, déi jo schéin a gutt sinn, déi mir Piraten och ënnerstëtzen, mee et kënnt einfach ze spéit! Dat ass de Problem! An dofir fannen ech e bëssen, dass et schlëmm ass, dass d'Regierung berodungsresistent ass op deem Punkt an elo net agesäit, dass haut, de Moment, elo eppes misst geschéien. Mir soe jo net, dass dat eppes Risegrousses vu Milliounen misst sinn, mee dass Der elo konkret de Leit ganz schnell kéint hëllefen.

D'Tripartite, déi ënnerstëtze mir voll a ganz. Mee och do ass et erëm: Bis de Rendez-vous ass, bis do Resultater do sinn, mussen d'Leit awer hir Rechnunge bezuelen. Et ass eigentlech ganz banal. An ech mengen, dat muss mir als Politiker och emol eng Kéier erfassen, dass déi Leit dobaussen net einfach kënnen soen: „Ech huele vun iergendengem Spuerkont nach iergendepes, dann iwwerbrécken ech dee Mount“, well hire Spuerkont ass scho laang eidel, well et si jo net nëmmen d'Energiepräisser, déi an d'Luucht gaange sinn.

An en anere Problem, wou mer wäerten hikommen, wou ech mer och e puer Suerge maachen, sinn eis Gemengen herno, well deene lafen d'Energiepräisser fort, wouduerch dann herno och nach d'Constructiounen wäerte fortlafen! Dat heescht, dat Ganz ass eigentlech eng Verkettung. A wa mer net iergendwéi awer schnell reagéieren, wäerten eis Bierger och nach eng Kéier belascht ginn op de Gemengen, well déi mussen dat jo och iergendwéi finanzéieren. Dir kënnt jo elo net soen: „Mir ginn d'Poubellen net méi eidel maachen, den Diesel ass ze deier.“ Oder: „Mir bauen eng Schoul net.“ Ech mengen, dat muss een och, d'Inneministesch muss sech och elo emol e puer Gedanken maachen, wéi mer do d'Gemenge kënnen ënnerstëtzen.

A virdrun huet den Här Benoy et ugekënnegt hei, dass eenzel Gemengen elo Primmen aféieren. Dat fanne mir Piraten guer net gutt. Et kann net sinn, dass een herno dee Glécklechen ass, deen an enger Gemeng wunnt, déi e grouse Budget huet, déi dat ka maachen, an dass een da gehollef kritt.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz richtig!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Au contraire! Dat muss staatlech sinn! Et kann een net heihinnerkommen a soen: „D'Gemenge mussen eppes maachen!“, an op där anerer Säit als Regierungspartei seet een: „Mir maachen näischt.“ Well et sinn net d'Gemengen, déi dat solle maachen. Et ass net, dass een herno d'Chance muss hunn, an enger gudder Gemeng ze wunnen, déi Budget iwwerhuet, fir dass ee gehollef ka kréien! Dat ass eppes, wat mir als Piraten guer net verstinn. Do muss eng national Politik agraifen an net eng Gemengepolitik!

**M. Michel Wolter** (CSV) | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Bon, den Index hat ech mer nach opgeschriwwen. Et gi jo ëmmer méi Diskussiounen, an ech hoffen, dass dat just Rumeure sinn, dass den Index elo iergendwéi mat den Energiepräisser sollt verännert ginn. Also ech dinnt dat als Rumeuren of, well mir Piraten ganz kloer soen: Dat kënnt mat eis net a Fro! Wann d'Energiepräisser elo an d'Luucht ginn, da muss dat duerch den Index kompenséiert ginn, egal wat do verhandelt gött. Dat ass eis ganz kloer Meinung.

De Staat ass jo de grouse Gewënner. De Sven Clement hat et gëschter op Twitter jo ganz genau ausgerechent: 18,93 Cent zënter dem 1. Januar, wou se elo méi ageholl hunn, zum Beispill um Diesel. Mee se hunn awer och 30 Milliounen méi TVA ageholl um Diesel. An esou weider!

Dat ass e bëssen ..., et muss een e bëssen oppassen, well u sech ass de Verléierer de Bierger op där enger Säit an op där anerer Säit huet een awer de Staat, deen duerch seng Recetten de grouse Gewënner ass. Ech mengen, et ass och dat, wat dobaussen e bëssen zum grouse Verdross féiert, wou d'Leit dann einfach net méi kënnen verstoen, dass e Staat, dee jo eigentlech fir si do ass, deen do ass, fir dass si sollen hiert Liewe kënnen bequeem féieren, dass deen eigentlech de Gewënner ass an der aktueller Kris. A wa si tanke ginn, a mir kënnen jo awer ... Ech mengen, zu Péiteng war gëschter alles voll, d'ganz Haaptstroossen. A Rodange, o Mamm, et war Chaos, wéi nëmmen eng Hausse ugekënnegt ginn ass! Dat heescht, et huet een awer ganz kloer gesinn, dass de Besoin vun de Leit do ass!

Zu eisen dräi konkrete Motiounen a Proposen, déi mer elo matbruecht hunn: Dat ass fir d'éischt, dass mer eis geduecht hunn, fir ganz schnell kënnen ze reagéieren, dass mer d'Frais de déplacement op 115 Euro pro Unitéit sollen eropsetzen, fir dass esou jiddereen direkt ka gehollef kréien.

#### Motion 4

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

– opgrond vum aktuelle geopolitesche Kontext sinn d'Präisser fir fossill Energien hei am Land an d'Luucht geschoss;

– Mënschen, déi vill op hiren Auto ugewise sinn an all Dag eng zeg Kilometer musse fueren, fir op hir Aarbecht ze kommen, sinn direkt vun der Präishausse vum Pétrol betraff;

– laangfristeg ass et d'Zil, de Fuerpark am Land elektresch ze kréien. Kuerzfristeg ass dat Zil awer net realisierbar, well d'Liwwerzäite fir en Elektroauto bis zu 15 Méint bedroe kënnen. D'Mënsche kënnen hiren Auto also net bis dat nächst Joer auswiesselen a musse méi Sue fir de Spritt virgesinn.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

1. d'Frais de déplacement op 115 € pro Unitéit ze erhéijen, fir de Leit direkt ënnert d'Äerm ze gräifen.

(s.) Marc Goergen, Sven Clement.

Dann déi zweet Iddi, déi mer eis ausgeduecht hunn, ass e bëssen ofgeknäipt – dat gi mir och gären zou, mir Piraten hu jo kee Problem mam Copyright – bei der LSAP. Dat ass déi 100-Euro-Primm, déi d'Madamm Hemmen d'leschte Kéier hei ugedeit hat. Déi ass eis ganz sympathesch. Mir hu just eng kleng Modifikatioun matbruecht, well et eis net sozial genuch war, dass jiddereen se soll kréien. Ech gesinn net, wann een e Rolls-Royce oder, ech weess net, 30 Villen huet, dass deen nach soll eng Primm kréien. Dat gesi mir net an. Dofir hu mir gesot, mir ginn op annerhalfe-mol d'Medianakommes a jiddereen soll do zum 1. Abrëll direkt eng Hëllef kréien. Dat ass eigentlech dat, wat d'Leit elo brauchen, fir dat ze maachen.

#### Motion 3

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

– opgrond vum aktuelle geopolitesche Kontext sinn d'Präisser fir fossill Energien hei am Land an d'Luucht geschoss a vill Mënschen hei am Land kréien de Problem, dass si hir Gas- oder Masuttrechnungen net méi bezuele kënnen;

– fir der Hausse vun den Energiepräisser entgéintzewierken, huet d'Regierung deklaréiert, dass eng Energieprimm an Héicht vun 200 bis 400 Euro agefouert gött, jee no Gréisst an Akommes vum Haushalt;



– d'Allocation de vie chère gëtt nëmmen eemol am Joer ausbezuelt, mee d'Leit brauchen d'Suen elo, wann hir Rechnunge kommen.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

1. all Haushalt, deen net eligibel ass, fir d'Energieprimm ze kréien, a manner wéi 1,5-mol d'Medianakommes pro Mount verdingt, eng eemoleg Energieprimm an Héicht vun 100 Euro ausbezuelen;

2. dës Primm duerch de Surplus u Recetten ze finanzéieren, déi de Staat duerch d'Hausse vun den Energiepräisser gewonnen huet;

3. d'Primm direkt am Abrëll ausbezuelen.

(s.) Marc Goergen, Sven Clement.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Wéi setze mer dat ëm?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dat kënne mer ganz schnell ëmsetzen, sief et iwwer en negative Steuerkredit, sief et iwwer eng aner Bonifikatioun. Also dat ass machbar.

(Interruption)

Ech mengen, d'LSAP huet d'Iddi jo bruecht. Dir kënnt mech elo nach eng Kéier froen. Mir hunn déi Iddi opgegraff, well se eis ganz sympathesch ass.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Mir hunn eis déi do Fro jo och gestallt. Mir hunn eis déi selwecht Fro jo och gestallt, Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Mir hate jo eng länger Diskussioun an der Partei driwwer. Mir hunn och dofir gesot: Mir maachen awer e Barème zumindest fir ze stabiliséieren. An eis Iddi war eigentlech, iwwer eng negativ Steuer dat direkt op där nächster Lounzuelung ze maachen. Wann awer elo d'Regierung eng besser huet wéi mir kleng Deputéiert, si mir natierlech direkt oppen, fir do eng besser Léisung ze fannen. Also ech mengen, dorunner soll et net hänkebleiwe bei eis. Mir zwee hunn do begrenzt Moyenen, wou mir kënne Recherchë maachen. Dir als Regierungspartei hat do sécherlech en aneren Effectif hannendru wéi deen, dee mir haten.

Dann déi drëtt Iddi, dat ass d'Subventioun vum Loyer, dass mer déi elo ganz schnell verduebelen. De Grond ass ganz einfach: Wann ee Locataire ass, huet een net d'Wiel. Et kann een net einfach soen: „Ech maachen eng energieatesche Renovatioun.“ Et ass een e bëssen ofhängeg vum Proprietär. A wann d'Energieklass ganz schlecht ass do, wou een dra gelount huet, dann hat een – op gutt Lëtzebuergesch gesot – am Moment einfach Pech! Dofir ass eis Propos, dass een do ganz schnell higeeet an déi einfach verduebelt.

## Motion 2

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– opgrond vum aktuelle geopolitische Kontext sinn d'Präisser fir fossill Energien hei am Land an d'Luucht geschoss;

– dës Hausse vun de Präisser belaascht och déi Locataire, déi elo schonns all Mount klamm bei Keess sinn an déi hir Wunneng mat Gas oder Masutt hëtze mussen. De Staat dierf net zouloossen, dass dës Leit an d'Energiearmut ofrutschen a Mënschen a kale Wunnenge schlofe mussen;

– de Staat ënnerstëtzt ekonomesch méi schlecht opgestallten Haushalter mat der Subvention de loyer a kann iwwert dëse Mechanismus geziilt deene Leit hëllefen, déi d'Suen am meeschte brauchen. D'Hëllef ass sozial gestaffelt nom Akommes vun all Haushalt. Am Staatsbudget si fir dës Joer ronn zéng Milliounen Euro fir d'Subvention de loyer virgesinn;

– de Mechanismus vun der Subvention de loyer ass iwwert d'groussherzoglecht Reglement vum 9. Dezember 2015

festgeluecht an ass gëeegent, fir geziilt deene Leit ze hëllefen, déi d'Hëllef elo brauchen.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

1. d'besoteng groussherzoglecht Reglement zur Subvention de loyer bis Enn des Mounts ofzeänneren;

2. d'Montante vun der Subvention de loyer ënnert dem Bäibehale vum aktuelle Barème ze verduebelen.

(s.) Marc Goergen, Sven Clement.

Dat heescht, et sinn elo ganz kleng Instrumenter. Dir gesitt, mir hunn eis Gedanke gemaach, wéi mer de Leit direkt kënne am Abrëll hëllefen, well et ass elo, wou d'Leit et brauchen. Et ass elo, wou d'Leit müssen hir Käschten decken. Et ass elo, wou d'Leit d'Hëllef vum Staat brauchen. An ech hoffen, de Staat léisst se net am Ree stoen.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Erlaabt Der, datt den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

(Interruption par M. Dan Kersch)

**M. Marc Goergen** (Piraten) | AI!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Huet d'LSAP dann nach Zäit?

**Plusieurs voix** | Jo!

**Une voix** | Ah oui!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Eng Minutt fënnafafzeg.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech verstinn, dass den Här Clement léiwer hätt, ech géif dem Här Goergen eng Fro stellen. Mee erlaabt mer awer nach, vun der Riedezäit vun der LSAP Gebrauch ze maachen, fir d'éischt, fir e Gedanke lasszeginn zu deem, wat mech awer e bësse schockéiert huet, an dat war de Riedner vun der ADR, deen hei de Sozialdialog duergestallt huet zu Lëtzebuerg, wéi wann dat en einfachen „Arbeitskreis“ wär.

**M. Fred Keup** (ADR) | Nee, nee, nee!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat, mengen ech, ass e schlechte Verglach.

**M. Fred Keup** (ADR) | Nee, nee!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat huet e gesot, mir hunn et héieren.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat, mengen ech, ass e schlechte Verglach gewiescht. An ech hoffen, dass e sech dat den Owend nach eng Kéier iwwerleert.

Virrun ass gesot ginn an och an der Motioun vun der ADR kënnt dat doten nach eng Kéier zum Ausdrock, dass mer an enger Krichssituatioun sinn, eng Rei Riedner hunn dat virdu gesot. An ech ka mech erënnere, dass mer eis d'lescht Woch a grousser Eintracht hei op dëser Tribün bewosst waren, dass dee Krich och eis alleguerte selwer Affer géif ofverlaangen.

Ech mengen, dass mer elo vill méi séier, wéi mer et vläicht geduecht hätten, an där Situatioun sinn. Mir hate vu wirtschaftlechen Affer geschwat, vu psychologischen Affer, vu mënschlechen Affer. An et hätt kee geduecht, dass et eis esou séier géif am richtige Sënn vum Wuert op der Pompel treffen. Dat ass awer leider elo schonns de Fall.

Ech begrëissen duerfir och, an ech soen dat hei ganz kloer, d'Initiativ vun der CSV, fir eng Rei vu konkrete Virschléi ze maachen – an och aner Riedner hunn dat

scho gemaach –, wéi een do ka géigesteieren. An ech sinn och der Meenung, dass mer eis do musse seriö mat deem Thema an nächster Zukunft ausernanersetzen.

Ech sinn nach net laang hei an der Chamber, mee ech hat awer eppes verstanen, dass mer en Dagesuerdungspunkt haut hätten, an dat war eng Deklaratioun vun der Regierung. An déi Deklaratioun vun der Regierung, dat war, dass mer géifen ...

(Interruption)

Ech weess, wat Dir vum Sozialdialog haalt, duerfir braucht Der mech elo net ze ënnerbriechen, Äre Spriecher huet dat jo virrun hei kloergemaach.

Mee dat, wat d'Regierung hei ganz kloer gesot huet, dat ass, dass se géif kuerzfristeg d'Tripartite aberuffen. An do hunn ech vun deenen eenzelne Bänken, haapt-sächlech vun der Oppositioun, ganz wéineg héieren, ob se hannert där Proposition vun der Regierung sinn oder ob dat, wat se elo hei an hire Virschléi gesot hunn, ...

(Interruption)

... schonn eng virbereet Ried war – och dat kann ech verstoen –, mat wéineg konkretem Inhalt, ...

**M. Marc Spautz** (CSV) | Här Präsident!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | ... wann et ëm d'Selektivitéit gaangen ass. Här Roth, erlaabt mer, dat nach eng Kéier ze widderhuelen, ...

(Interruption par M. Sven Clement)

... Dir hutt eng Rei vu konkrete Virschléi gemaach, déi ech zum Deel ganz sympathesch fannen. Dir hutt awer gesot, iwwert d'Selektivitéit géift Der gare mat Iech schwätze loossen. Ech muss also feststellen, dass Der do keng konkret Virschléi hutt.

Ech sinn och der Meenung, dass, wa mer eppes maachen, et muss selektiv geschéien. Mee iwwert déi Haaptfro an iwwert déi Haaptdeklaratioun vun der Regierung, dass elo kuerzfristeg géif eng Tripartite aberuff ginn, ass relativ wéineg komm, fir net ze soen, guer näischt komm!

(Interruptions)

An duerfir wollt ech eng Kéier d'Fro stellen: Sidd Der dann op den Oppositionsbänken der Meenung, dass dat eng gutt Initiativ ass vun der Regierung, oder sidd Der dergéint, dass d'Tripartite zesummekënn? Sot eis wannechgelift d'Antwort konkret!

(Interruptions)

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Keup freet d'Wuert an dann den Här Spautz. Fir d'éischt den Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, weinst Fait personnel. Ech wollt awer nach eng Kéier hei kloerstellen, et muss een dann och gutt nolauschteren, well effektiv, ech hunn dat gelueft, ech hu gesot: Et ass gutt, dass eng Tripartite aberuff gëtt. An den Här Cruchten huet mer souguer nach zougestëmmt. Dat hunn ech nach viru mengen Aen, wéi en dat gemaach huet. Also et ass net grad esou, wéi den Här Kersch sot. A mir sinn absolut natierlech fir de Sozialdialog, mee mir hätte gären elo direkt Mossnamen an net eréischt a sechs oder aacht Wochen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Keup. Da kritt den Här Spautz d'Wuert.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Jo, merci, Här Präsident. Ech wollt just den Här Kersch froen ... E war déizäit nach net an der Chamber. Ech mengen, e war do nach an der Regierung.



*(Interruption par Mme Octavie Modert)*

Heibannen ass den Antrag vun der CSV, fir d'Tripartite zesummenzeruffen, dräimol mat 31 géint 29 Stëmme ofgeleent ginn!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | An da sot Der eis elo hei, mir hätten näischt gesot zu der Tripartite. Mee et dierf een awer och net d'Leit fir domm verkafen!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech ka mech net erënneren, dass mer zu deem Zäitpunkt am Krich waren!

*(Brouhaha)*

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dir waart Aarbechtsminister, Här Kersch, also ....

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir hutt nach ëmmer net op d'Fro geäntwert!

**M. Gilles Baum** (DP) | Dat war awer an engem ganz anere Kontext.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech hat alt gehofft, ech géif eng Äntwert op meng Fro kréien.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Spautz. An dann huet d'Madamm Cecchetti d'Wuert gefrot.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech hätt awer gehofft, ech géif eng Äntwert op meng Fro kréien.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Vu datt mer jo alleguer hei als Oppositionsparteie gefrot gi sinn, ob mer dann hannert där Tripartite stinn, da mellen ech mech natierlech och hei zu Wuert fir eis: Natierlech sti mir hannert där Tripartite! Mir mussen awer och e bëssen dem Här Spautz seng Meenung verrieden, well mer awer och hei e bëssen esou d'Impressioun hunn, wéi wann dat elo wuel kënn, fir dat e bësse méi an d'Längt ze zéien. Well ganz oft gëtt awer op déi Tripartite – ech soen d'Wuert elo net, wéi mir Lëtzebuerger soen – ge... Voilà!

**M. Fernand Etgen**, Président | Da sot et léiwer net.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Si ginn entweeder guer net agelueden oder wa se ageluede ginn, ass et egal, wat se zielen, et gëtt einfach esou gemaach, wéi ee wëll. Voilà!

Mee mir stinn natierlech ..., mir sinn ëmmer fir en Dialog!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An dann huet nach den Här Marc Goergen d'Wuert gefrot.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo, den Här Kersch hat eis jo eng Fro gestallt, dofir wollt ech kuerz drop äntweren. Nee, Här Kersch, ech hat och d'Ried net virbereet. Ech hu meng Kritzeleien hei. Ech hat nämlech gehofft, dass d'Regierung eppes géif presentéieren, wourobber ech kéint reagéieren. Mee ech hat awer näischt op mäi Blat dovunner kritt, well d'Regierung näischt Konkreetes gesot huet.

Zur Tripartite, ech hat et och eng Kéier ugedeit, do sti mir natierlech ganz kloer derhannert, mee et ass eeben d'Fro vum Datum a wéini dass eppes geschitt, well d'Leit et elo brauchen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Da wär et un dem Här Wolter.

**M. Michel Wolter** (CSV) | Här President, erlaabt mer vläicht, e puer Wuert ze soen. Et ass fir jiddwereen heibanne kloer, dass dat, wat zurzäit geschitt, eng Konsequenz vum Krich ass. An ech mengen, et ass och fir jiddwereen kloer, dass mir déi Geopolitik als Lëtzebuerger net beaflossen. An awer hu mir Handlungsraum. An ech mengen, et ass dat, wat déi grouss

Differenz ass tëscht der Approche vun der Opposition an der Majoritéit haut de Mëtten an dësem Debat.

Mir sinn der Meenung, dass et net méi Zäit ass, fir net aus der Héft ze schéissen. Mir sinn der Meenung, dass et net méi net Zäit ass, fir sech Gedanken ze maachen. Mir sinn net der Meenung, dass een eng Tripartite zesummerufft, wou een dann direkt seet: „bis Ouschteren“, also innerhalb vun deenen nächste sechs Wochen. Wivill Augmentatiounen vun de Präisser, Dir Dammen an Dir Hären, kommen dann nach bis Ouschteren?! Mir sinn der Meenung, dass direkt muss gehandelt ginn, ...

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Michel Wolter** (CSV) | ... elo gehandelt muss ginn! An den Här Roth huet am Numm vun eiser Partei véier Pisten opgezeechent, wou mir als gewielte Parlamentarier, net an der Tripartite vertrueden, ganz gäre mat Iech zesummekommen an deenen nächsten Deeg, fir driwwer ze diskutéieren, wat fir eng konkreet Mesuren dass mer dann hei vum Parlament verabschieden am Interêt vun de Leit hei am Land.

**Une voix** | Très bien!

**M. Michel Wolter** (CSV) | An ech muss soen, wann ech an eng Debat komme wéi déi hei a wann ech, wéi den Här Turmes, gëschter scho wousst, wat haut géif geschéien, a wann ech weess, wat de leschte Freideg geschitt ass, an du gëss vun der Opposition gefrot, fir eng Deklaratioun ofzeginn ... Madamm Lenert, ech wëll Iech net ze no trieden, mee Dir hutt iwwerhaapt näischt gesot!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Michel Wolter** (CSV) | Dir hutt just gesot, dass eng Tripartite géif zesummekommen. Et konnt keen Oppositionspolitiker dorobber reagéieren, well net eng eenzeg konkreet Proposition vun der Regierung oder vun der Majoritéit komm ass. D'Opposition huet Propositionen gemaach. Et kann een driwwer diskutéieren, iwwer déi eng an déi aner. Zumindest si vun där enger Säit aus dësem Parlament konkreet Propositionen komm, a vun där anerer si se net komm!

An ech hu ganz gutt nogelauschert, wat déi dräi Majoritéitsparteie gesot hunn. An ech hu fonnt, dass déi dräi Majoritéitsparteien, wéi esou oft an deem dote Sujet, ganz gutt laanschteneegeschwat hunn – ganz gutt laanschteneegeschwat hunn! Wann ech den Discours vun der LSAP héieren, ech lauschteren den Discours vun deene Gréngen an ech lauschteren den Discours vun der DP: Dat ass, Dir Dammen an Dir Hären, net dee selwechten! Dat ass net dee selwechten Discours.

An dat ass fir mech d'Konklusioun vum Debat vun de Mëtten, dass mer eng seriö politesch Debat musse féieren, an zwar net iergendwann eng Kéier Mokuchs-dag, wéi fréier emol an der Chamber hei gesot ginn ass, mee elo, iwwert d'Aart a Weis, wéi mer probéieren, mat deene Problemer eens ze ginn, déi haut net ophalen, déi muer wäerte weidergoen, déi d'nächst Woch wäerte weidergoen. An dat kann een net eréischt an dräi Méint maachen!

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Wolter.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Op meng Fro hunn ech keng Äntwert kritt.

*(Interruptions)*

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Regierung huet d'Wuert.

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Entschëllegt, dierf ech froen: Déi, op déi den Här Spautz geäntwert hat?

**Prise de position du Gouvernement**

**Mme Paulette Lenert**, Vice-Premier Ministre | Här President, d'Regierung bleift der Meenung, dass dës Diskussioun an eng Tripartite gehéiert. Et ass eng Krisesituatioun, déi akut ass an déi sech zougespëzt huet. An dat ass fir eis déi eenzeg richteg Plaz, fir déi heiten Diskussioun elo ze féieren. Et ass eng Decisioun, déi elo kuerzfristeg geholl ginn ass. De Premier huet Kontakt opgehol. Et geet absolutt net rieds dovunner, Zäit ze schinden. Et geet drëms, kuerzfristeg eng Tripartite anzeberuffe spezifesch zu dësem Theema, wou mer wäerten déi heiten Debat féieren. Dat ass d'Instrument, wat an eisen Aen dat eenzeg richteg an deem Land ass. Et ass dat, wat sech bewäert huet an eiser Geschicht. A mir wäerten alles maachen, dass dat och dës Kéier de Fall nees wäert sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Vizepremier ...

**Mme Paulette Lenert**, Vice-Premier Ministre | A mir ginn net mat virgefaasste Meenungen eran. Et ass en oppenen Discours, deen een an enger Tripartite huet. Dat ass de Sënn an Zweck dovunner. Hätte mer schonn elo Decisiounen, géif ech mech froen, firwat mer nach géifen an eng Tripartite goen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Vizepremier, der Madamm Paulette Lenert. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

**Motions**

Da komme mer elo zum Vott vun de Motiounen.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vun der ADR deposéiert ginn ass. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Bon, déi Motioun ass e bëssen „und täglich grüßt das Murmeltier“. Mir hunn déi eenzel Punkten a verschidde Formen schonn eng oder zwou Kéiere gesinn. U sech kann een net vill inhaltlech dozou soen, wat net scho gesot gouf. Mee ech hunn e bëssen d'Gefill, Leit, déi esou eng Motioun produzéieren, déi hätte besser, sech eng Plaz nieft den Dinosaurier am Naturmusée ze sichen. Do géife se weinstens iergendwa selwer zu Pétrol ginn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Dann huet den Här Gilles Baum d'Wuert gefrot an duerno den Här Gilles Roth. Schéin der Rei no, esou wéi de Fanger an der Luucht war.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci, Här President. Et ass de Mëtten e puermol gesot ginn, elo och nach hei vun der Regierungssäit, dass eng Tripartite aberuff gëtt. Ech mengen, dass dat a Krisenzäiten, a mir stinn um Ufank vun enger Kris, dat richteg Instrument ass. Et ass gesot ginn, mir hätte misse mat Proposen heihinnerkommen – da wär warscheinlech gesot ginn: „Firwat rufft Der keng Tripartite an?“

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Déi Saachen, déi hei drastinn, ech mengen, wann déi Tripartite zesummekënn, dann dierf et keng Tabue ginn. Dat ass meng Meenung, dat ass och d'Meenung vu menger Fraktioun. Hei gëtt erëm eng Kéier vun der CO<sub>2</sub>-Steier geschwat, et gëtt och vum superreduzierten Taux op 3 % geschwat. Nach eng Kéier, wéi gesot, wann déi Tripartite zesummekënn, da muss een och bereet sinn, iwwer eng ganz Rei Pisten ze schwätzen.



Da steet erëm eng Kéier hei, wat mer ganz oft bei der ADR hunn, dat ass eng automatesch Upassung un d'Steiertabell. Ech stelle mer ëmmer d'Fro, déi ech haut och stellen, déi ech ëmmer stellen: Wat ass an deem dote Fall den Déchet fiscal? A wat fir eng Influenz huet den Index op genau dat doten, op d'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflation?

An dann dee leschten Tiert, muss ech soen, dee stéiert mech awer wierklech, well hei eng objektiv a wäertneutral Zesummesetzung vum Wuerekuerf, deen d'Energiepräisser adequat berücksichtegt, verlaangt gëtt. Dat heescht, hei gëtt am Fong gesot, dass am Moment dee Wuerekuerf net objektiv an och net wäertneutral zesummesat gëtt. Ech denken, dass déi Leit, déi dat maachen, dat wuel mat beschtem Wëssen a Gewësse maachen.

Wéi gesot, d'Tripartite kënn zesummen, d'Gewerkschaften, d'Patronat. Et geet hei ëm déi Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen. Et geet awer och ëm d'Betriber. Ech wëll dat ganz kloer soen: Och d'Betriber wäerten déi Kris hei ze spiere kréien. An och fir d'Betriber wäerte mer mussen eppes maachen, esou wéi mer et an der Covidkris gemaach hunn. Mir hunn eis et do net huele gelooss, an ech mengen, mir maachen dat dës Kéier och net.

Kommt, mir waarden, bis déi Tripartite zesumme-kënn! Ech denken, dass d'Regierung jo dann och heihinnerkënn, fir eis ze soen, wat do geschwat ginn ass. An duerfir proposéieren ech menger Fraktioun, déi Motioun hei zu dësem Zäitpunkt ofzeleenen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum. Dann hat den Här Gilles Roth d'Wuert gefrot.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. D'CSV huet par rapport zu änleche Fuerderunge virun engem Mount Position geholl. Eenzelner, fanne mer, ginn an déi richteg Richtung, anerer, do si mer net domat d'accord. An aus deem Grund wäerte mer eis grad ewéi virun engem Mount bei dëser Motioun enthalen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth. Dann huet nach den Här François Benoy d'Wuert gefrot.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Wéi ech scho gesot hu virun, si mer an enger wierklech ganz eeschter Situatioun, déi mer och ganz eescht mussen huelen. An ech mengen, d'Regierung hält se och ganz eescht an d'Majoritéit hält se eescht. Dat gesäit een dorunner, dass eng ganz Rei Mesurë jo scho geholl gi sinn.

Ech wëll och dozou soen, dass natierlech net egal wat fir eng Mesurë geholl solle ginn, mee Mesuren, déi gräifen, Mesuren, déi och op där richteger Plaz ukommen, an net iergendwellech Mesuren, déi schwéier ëmsetzbar sinn, déi vläicht gutt klängen, mee eigentlech konträr sinn zu eisen Zätsetzungen, déi mer hunn.

An dofir kënn mir natierlech mat Motiounen (veuillez lire: mat Mesuren), wéi se hei proposéiert sinn – an ech hunn dat schonn an x Debatten och hei gesot, firwat –, net liewen. Dat gëllt iwwregens och fir Mesuren, déi an anere Motiounen proposéiert ginn.

Gradesou gutt wëll ech dann och dëst soen: Wa gesot gëtt, mir géife keen Debat féieren oder mir géifen net iwwer Mesurë schwätzen, da wëll ech soen, dass mer eng Debat hei hate, wou verschidde Propositionen gemaach gi sinn, an dass d'Regierung duerno e ganze Pak proposéiert huet, dee sengesgläiche sicht. A genauesou gutt gouf dann elo eng Tripartite ageruff fir ze kucken, wéi et soll weidergoen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. Da wär et un der Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, ech wollt och soen, datt mir déi heite Motioun net wäerten ënnerstëtzen, well dat ass fir eis net tragbar, dat ass fir eis mat der Géisskan. Jiddweree kritt eppes a kee kritt eppes. Mir bleiven nach ëmmer der Meenung, datt een dat soll sozial staffelen. An ech mengen, eis Propos, déi mir virdru gesot hunn, dat ass fir eis eng Direkthëllef un déi Stéit, an dat kritt een dann herno iwwert d'Steierzréckbezelung vun deenen, déi vill verdéngen, zréck. Dat ass fir eis eigentlech dee richteg Wee.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Ech mengen, da kënn mer zum Vott vun der Motioun Nummer 1 kommen.

**Une voix** | Här President!

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Yves Cruchten freet nach d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Ech erlabe mer och, direkt zu all de Motiounen ze schwätzen, well ech eigentlech zu deenen alleguerten dat selwecht wëllt soen. Ech mengen, et ass gutt, dass jiddwereen hei wëll Propose maachen. Ech mengen, dat ass luewenswäert. An ech gesinn hei dräi Regierungsmemberen, déi elo hei eng déck Stonn laang alleguerten déi Proposen nogelauschert hunn.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Déi soe Merci.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Pardon?

**M. Gilles Roth** (CSV) | Déi soe Merci, dass se ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo. Ma nee, mee ech mengen, dat ass jo och de Sënn vun där Debatt hei, dass mer sollen driwwer diskutéieren. Mee ech mengen, et wär awer net richtig, elo hei e Vott ze huelen iwwer esou konkret Mesuren. Dat wär deem wichtigen Instrument Tripartite net gedéngt, wa mir elo hei scho géife soen: Regierung, maacht Dir eng Tripartite mat de Gewerkschaften, mam Patronat, mat de Sozialpartner, awer mir soen Iech elo schonn, wat hannendru muss erauskommen. Ech mengen, dat wär net richtig.

Duerfir géif ech menge Leit proposéieren, keng vun deene Motiounen hei unzehuelen. Och wann do sécher Saachen derbäi sinn, déi Sënn maachen, géif ech proposéieren, déi Motiounen net unzehuelen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. Da kéime mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 1.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmmen, 35 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Poffer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. Marc Hansen), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Octavie Modert), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Adehm) et Michel Wolter.*

**Motions 2 à 4**

Da komme mer zur Motioun Nummer 2. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Här President, merci. Erlaabt mer vläicht, ganz kuerz och zu deenen dräi Motiounen direkt ze schwätzen. Et ass eng Motioun, wou et ëm d'Subvention loyer geet, fir déi ze verduebelen. Dat anert geet ëm eng Primm, déi direkt ausbezuelen ass u Leit, déi bis 1,5-mol de Salaire médian kréien. An dat anert geet drëm, d'Frais de déplacement op 115 Euro ze hiewe pro Stot, wann ech dat richtig verstanen hunn.

*(Interruption)*

Hei geet et ëm dräi isoléiert Mesuren. Dat ass gutt. An ech soen de Kollege vun de Piraten och Merci, dass se sech Gedanke gemaach hunn, dass se déi eraginn hunn. Mee d'selwecht wéi den Yves Cruchten mengen ech och, et sollt een awer kucken, dat do am Kader vun enger Tripartite an engem Package auszeschaffen. An duerfir mengen ech, dass mer déi heiten dräi Motiounen vun de Piraten net sollten unzehuelen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum. Dann huet den Här François Benoy d'Wuert gefrot. Nee, d'Madamm Semiray Ahmedova.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Ech wollt just kuerz zu der Motioun schwätzen, well ech mengen, dat betrëfft éischter de Logement. Et ass awer esou, datt d'Regierung do net einfach näischt ënnerholl huet. Ech mengen, do si Moossnamen, déi sinn ënnerholl ginn, ënner anerem iwwert d'Allocation de vie chère, déi erhéicht gouf. An doduerjer stärke mer natierlech och déi ganz Saach mat der Subvention loyer. A mir hunn och en neit Gesetz deposéiert, wat déi ganz Aart a Weis a Manéier fir déi Subvention loyer auszurechnen nei definéiert, wouduerch d'Leit natierlech wäerten och méi Hëllef kréien.

An dat gesot, ass et och fir eis oninteressant, fir déi Motioun do matzedoen. Dat heescht, mir wäerte se an deem Sënn net matdroen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Ahmedova. Da kënn mer elo zum ... Nee, den Här Marc Goergen oder den Här Sven Clement nach.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Fir d'éischt hien, dann ech.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech fir déi éischt zwou Motiounen, fir déi drëtt dann de Sven.

Jo, ech kann dat verstoen, dass Der op d'Tripartite wëllt waarden. Dat ass eigentlech och eng sympathesch Ausso. Et ass just net kohärent. Dir hutt ...

*(Interruption par M. Gilles Baum)*

Nee, Här Baum, ech kann Iech och erkläre firwat.

**M. Gilles Baum** (DP) | Ok, da fuert emol lass!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Mir wëlle jo Är Primm, déi Energieprimm, déi Der de facto scho geschafft



hutt, just op den annerhallwe Median eropsetzen. Dat heescht, déi Fakte si jo do. Dir hutt déi Fakte jo geschaaft, ier d'Tripartite a Kraaft getrueden ass. Dat heescht, Dir hutt eigentlech Äert Argument selwer a Wasser opgeléist. Et ass jo ...

(Interruption)

Mee dach, Dir hutt jo déi Energieprimm, déi ..., an der Motioun 3 steet et, dass mir déi Energieprimm jo gären hätten op annerhallwe Median. Iwwregens, ech hunn nach keng Äntwert vun der DP kritt, ob d'Leit déi dann elo scho können ufroen oder net. Dat wäert Der awer elo jo sécherlech och nach maachen – ob dat um Familjeministère oder op MyGuichet ass –, net dass mer dat nach vergiessen! Et ass nämlech ganz wichteg fir d'Leit dobaussen.

Mee Dir hutt déi Fakte jo scho geschaaft. Dofir ass et komesch, dass Der elo sot, Dir wëlt do op d'Tripartite waarden. Mir wieren och averstane gewiescht, dass mer déi heiten elo en suspens loosse bis no der Tripartite; a vläicht wäeren déi Iddie jo opgeholl ginn, well mir wëlle jo, wéi ech jo virdru gesot hunn, konstruktiv matschaffen. Dat heite waren eis dräi konstruktiv Proposen, eebe baséiert op eppes, wou Dir scho Fakte geschaaft hutt duerch d'Energieprimm, just dass – duerch déi Haussen – mir geduecht hunn, et muss op annerhallwe Median goen, well et soss eng Schicht erreecht, elo schonn, déi d'Energieprimm net kritt, déi eises Wëssens aktuell, mee Dir verbessert mech jo elo, am Moment emol nach guer net kann ugefrot ginn. Dat heescht, d'Leit hu se nach net zum 1. Abrëll.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Dann den Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci. Ech profitéieren dann, fir zur véierter Motioun, zu där leschter, ze schwätzen, wou et ëm d'Frais de déplacement geet, déi am Moment op 99 Euro d'Unitéit festgesat sinn an déi u sech direkt spillen op der Fiche de salaire um Enn vum Mount vun all eenzelnem Salarié. Respektiv, Leit, déi eng Fiche de salaire kréien an eng Steuerkaart hunn, kréien op hirem éischte Salaire automatesch en fonction vun dem Eloignement vun der Aarbechtsplaz zu hirem Wunnuert eeben direkt e Steuerkredit ofgehalen.

Déi Frais de déplacement si schonn eng Zäichen net no uewen ugepasst ginn. D'leschte Kéier gouf argumentéiert, dat war während der Covidkris, do hu mer driwwer geschwat wéinst dem Homeoffice, du krute mer gesot: „Jo, dat kompenséiert sech iergendwou mat eeben de Frais de déplacement, dat een net muss op d'Aarbecht fueren, duerfir gëtt et keng Primm fir den Homeoffice.“ Elo si mer bei de Frais de déplacement a mir mierken, dass mer eng Flambee des prix hunn. Anescht kann een et net nennen. De Bam brennt an déi Frais de déplacement, dat ass wierklech eng relativ einfach Measure, déi ee kann applizéieren.

Mir hunn eis bewosst entscheet, elo mol nëmme 15 % bäizeginn. Dat kompenséiert net 100 % vun där Augmentatioun, déi mer op den Energiepräisser hu fir d'Mobilitéit, mee et ass eng Measure, déi direkt bei deene Leit, déi am wäitsten ewech wunnen, am meeschten Impakt huet. Dat heescht, et kompenséiert de Wee fir op d'Aarbecht. Et ass also eng Measure, déi ganz kloer cibléiert ass fir Leit, déi schaffe ginn, fir Leit, déi drop ugewise sinn, op hir Aarbecht ze kommen. A wat ee méi wäit ewech wunnt, wat nun emol leider och hei zu Lëtzebuerg oft den éffentlechen Transport net ëmmer eng Méiglechkeet ass.

Et ass certes plazeweis besser ginn, et ass awer och certes plazeweis méi schlecht gi mat der Reform. Ech

mengen, do ginn et eng ganz Rëtsch Question-parlementairen dozou. Ech ginn net dodrop an. Mir sinn der Meenung, dass dat doten eng Measure ass, déi direkt kéint geholl ginn, dass mer um Enn vum Mount – an dat kéint ee bis Enn vum Mount maachen – de Leit géife méi an d'Täsch ginn, fir dass se iwwerhaupt nach kënne mat hirem preferéierten Transportmoyen op hir Aarbecht kommen an erëm heem.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. An da geet d'Wuert un den Här Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Ech hat eigentlech net wëlles ze intervenéieren. Ech wëll just soen, dass mir als CSV eis wäerte bei deenen zwou éischte Motiounen vun de Piraten enthalen. Déi lescht, zou där den Här Clement elo geschwat huet, déi wäerte mer matstëmmen, well et eigentlech déi selwecht Fuerderung ass, déi mir virun engem Mount als CSV virbruecht hunn. En huet dat richteg erkläert. Déi Kilometerpauschal, déi gëtt oft ënnerschat bei de Leit, déi an de Ballungszentren wunnen an no bei hirer Aarbecht. Déi spillt awer besonnesch an dësen Zäiten eng grouss Roll fir Leit, déi wäit ewech vun hirer Aarbechtsplaz wunnen.

A fir konkret ze soen, wat dat ausmécht: Déi Kilometerpauschal ass 1990 bei der deemoleger Steuerreform op 4.000 Lëtzebuerger Frang festgesat ginn. An dat ass ëmgerechent ginn an Euroen op 99 Euro, wéi den Euro agefouert gouf. Dat heescht, déi Kilometerpauschal, déi ass zënter 32 Joer net méi ugepasst ginn. 32 Joer! Wann ee se géif un d'Präsideierecht, wéi den Index se zënter 1990 virgesäit, upassen, da misst een haut mat der Kilometerpauschal op 175 Euro pro Unitéit eropgoen. Ech widderhuelen: 175 Euro!

Mir sinn eis awer bewosst gewiescht als CSV, dass dat en enormen Déchet fiscal wier. Deen Déchet fiscal géif no eise Rechnungen pro Joer bis iwwer 300 Milliounen Euro fir de Staat ausmaachen. An duerfir hate mir gesot, dass mir an enger éischter Etapp, a fir wierklech de Leit dat do ze kompenséieren, géifen op 125 Euro eropgoen. D'Piraten proposéieren elo 115, bon, duerfir si mer domadder d'accord.

Well ech wëll wierklech soen, net ech eleng, mee eng ganz Rei vun Deputéierte bei eis aus de Reien, mir goufen ugeschwat, mir kruten SMSen, mir krute WhatsAppen a wat och ëmmer, dass eng Rei vu Leit dobausse sech carrement krank mellen – jo, ech soen dat esou, carrement krank mellen –, well se déi Méikäschen, déi se hunn op hirem Auto, fir op d'Aarbecht ze fueren, net méi packen.

Ech wëll duerfir nach eng Kéier ënnersträichen, wéi dramatesch déi Situatioun ass, an duerfir nach eng Kéier déi Fuerderung stellen, déi ech selwer gemaach hunn an där den Här Wolter am Numm vun onser Fraktioun gemaach huet: D'Zäit fir ze handelen, Madamm Premierminister, ass elo, an et ass net, fir méi laang ze waarden.

(Interruptions)

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Madamm Vizepremierminister.

**Une voix** | Nach ass et net souwäit. Dat dauert nach e bëssen.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Da wëll ech ... Jo! An dann hunn ech an deem Kontext nach ...

(Interruptions)

An deem Kontext, Här President, hunn ech nach eng Fro nach eng Kéier ze stellen. Déi hat ech ganz am Ufank vu menger Interventioun un den Energieminister gestallt. Nämlech, mir hunn dee Sujet jo hei

an der Aktualitéitsstonn de leschten Dënschden thematiséiert an déi éischter lapidar Äntwert vum Här Turmes war déi: „Et soll een elo net aus der Héft schéissen.“ Jo, dat huet e gesot. Haut hutt Der och net vill Polfer verschoss.

(Hilarité)

Ech hunn awer just eng Fro, an do loosse mer Iech net lass: Här Turmes, de leschten Dënschden hutt Dir mir géint dräi Auer op meng Fro geäntwert. Wousst Dir dunn, Jo oder Nee, Bescheid iwwert déi Präishausse, déi gëschter, eppes méi wéi 24 Stonnen duerno, dem Public iwwert de Radio matgedeelt gouf? Eng Äntwert, einfach Jo oder Nee?

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, ech wëll Iech just soen, dass d'Diskussioun eriwuer ass, dass mer de Moment bei der Diskussioun si vun de Motiounen!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Mir wëllen awer gär eng Äntwert.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ech weess, dass Der déi net ... Jo, jo, jo.

(Interruptions)

Ech weess, dass Der déi Fro do net gären zouloosst, mee mir hätte gären eng Äntwert, ob den Här Turmes als Energieminister Bescheid wousst, Jo oder Nee.

**M. Fernand Etgen**, Président | Da freet den Här Turmes d'Wuert.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Villmools merci. Ech mengen, ech sinn haut heihinnerkomm fir nozelauschten. Mir hunn decidéiert, dass mer eng Tripartite maachen, an ech mengen, do sinn déi Iddien, déi op den Dësch kommen, do musse mir als Regierung elo nolauschten. An ech mengen, mir mussen déi Mesuren och duerchrechnen an dann eebe kucken, wéi mer déi diskutéiere mat de Sozialpartner.

An ech probéieren net, Rieden ze halen, mee ech probéieren ze handelen. Mir maachen dat beim Gas, mir maachen dat beim Strom, mir maachen dat bei der Allocation de vie chère. Duerfir, hei mat Polfer schéissen oder net, ech mengen, déi Remark brauch ech net esou am Raum stoen ze loossen.

Zu Ärer Fro: Déi Rechnung vun der Upassung op den Tankstellen, déi ass de Mëttwoch gemaach ginn. A wéi ech den Dëschdeg hei war, wousst ech näischt dovunner. Déi gëtt op de leschte Moment gemaach, well jo och d'Quotatiounen vun den Ennprodukter mussen da gekuckt ginn. Dat heescht, den Dëschdeg de Mëttég, wéi ech hei virun Iech stoung, wousst ech näischt vun där Situatioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Turmes.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Dont acte, dont acte !

**M. Fernand Etgen**, Président | Da freet nach den Här Max Hahn d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP) | Jo, just als Äntwert fir den Här Goergen, well en zweemol gefrot hat, ech hunn dat nofroer gelooss: Ab nächster Woch wäert een dann d'Demande fir d'Energieprimm op deene verschidde Sitten, sief et Guichet unique, awer och beim Familjeministère, kënne fannen. Ech mengen, dat ass eppes Wichteges, och fir d'Nolauschterer dobaussen. Dofir ass et gutt, dass Der dat nach eng Kéier gefrot hutt an dass ech dat konnt preziséieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Hahn. Da freet nach d'Wuert: d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, zu de Motiounen. Mir wollten eis bei deenen dräi Motiounen enthalen. Bei där éischter, well mir eng Proposition de



loi iwwert d'Loyeren hunn, an dat schéngt eis dee richtege Wee ze sinn, fir eppes bei de Loyeren ze maachen. An d'Subvention de loyer, dat ass eigentlech ëmmer erëm nëmmen eng Drëps op de waarme Steen. An do huet een de Risiko, datt d'Loyeren awer trotzdem nach méi an d'Luucht ginn.

Bei der Motioun 3 soe mir einfach: Eis Propositione si besser wéi déi do. Dofir enthalte mir eis, mir sinn net dergéint. A bei der véierter och, mir enthalen eis do och.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti.

Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott vun de Motiounen kommen. Fir d'éischt d'Motioun Nummer 2. Dat ass déi, wou et ëm d'Subvention de loyer geet.

#### Vote sur la motion 2

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 2 Jo-Stëmme, 31 Nee-Stëmme an 27 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Diane Adehm), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Lies) et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Da komme mer zur Motioun Nummer 3.

#### Vote sur la motion 3

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun 3 ass och bei 2 Jo-Stëmme, 31 Nee-Stëmme an 27 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain,*

*Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Octavie Modert), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Da komme mer zur Motioun Nummer 4, wou et ëm d'Frais de déplacement geet.

#### Vote sur la motion 4

D'Ofstëmme fänkt un. Mir komme bei de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun 4 ass bei 26 Jo-Stëmme, 31 Nee-Stëmme an 2 Abstentiounen och ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 4 est rejetée par 27 voix pour, 31 voix contre et 2 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, M. Max Hengel (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et M. Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## 4. Heure d'actualité du groupe politique DP au sujet de l'approvisionnement national en eau potable

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert déi national Waasserversuergung, déi vun der DP-Fraktioun ugefrot ginn ass. An ech géif d'Wuert direkt un den Här Gusty Graas ginn am Numm vun der DP-Fraktioun.

#### Exposé

**M. Gusty Graas (DP)** | Merci, Här President. Vum schwaarze Gold dann elo bei dat blot: Den 22. Mäerz ass de Weltwaasserdag. Dat ass zwar nach e

bësselchen, mee ech mengen, et ass awer net ze fréi, fir sech haut scho Gedanken iwwert d'Waasserversuergung respektiv -qualitéit ze maachen. Perséinlech sinn ech souwieser der Meinung, datt net nëmmen eemol am Joer soll e Weltwaasserdag sinn, mee datt dee praktesch all Woch kéint sinn, well mir wëssen, datt mer do ganz grouss Problemer hunn.

„Ouni Waasser kee Liewen“, ech weess, dat klängt e bësse klischeehaft, mee et ass awer wierklech eng Tatsaach. Mir sinn eis als Mënschheet dem Stillewäert vum Waasser awer net ëmmer bewosst. Dowéinst ass et wichteg, datt ee sech reegelméisseg Gedanken doriwwer mécht, ëmsou méi, wann ee bedenkt, datt laut UNO iwwer 2 Milliarde Leit op der Welt keen Accès zu normalem propperen Drénkwaasser hunn.

Mir kënnen eis hei zu Lëtzebuerg selbstverständlech glécklech schätzen, datt mer net an esou enger Situation sinn. Mir hunn eng exzellent Waasserversuergung, obwuel een awer muss éierlech sinn: E klengt Damoklesschwäert häng awer och doriwwer an ech wäert e bësse méi spët nach dorobber zrëckkommen.

Dat modifizéiert groussherzoglecht Reglement vum 7. Oktober 2002 setzt jo u sech d'Norme fest, no deenen d'Drénkwaasser hei zu Lëtzebuerg dem Konsument därff zougestallt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt am Fong dës Heur d'actualité op dräi Schwéierpunkte konzentréieren: Éischtens, wéi steet et ëm d'Qualitéit vum Drénkwaasser? Wéi kënnen mer déi virun allem nach verbesseren? Zweetens, ass eis Drénkwaasserversuergung fir déi nächst Joerzénge och garantéiert? An drëttens, wéi kann ee virun allem awer och Drénkwaasser spueren?

Zum éischte Punkt: Ech hunn et schonn hei ënnerstrach, mir kennen hei zu Lëtzebuerg glécklecherweis keng gréisser Problemer, wat d'Drénkwaasserversuergung ubelaangt. An awer muss ee vigilant sinn. Mir wëssen, datt zum Beispill 60 % vun der Drénkwaasserversuergung iwwert de SEBES geliwwert ginn. Wann ee bedenkt, datt de SEBES elo och nach enorm Investissementer fir d'Zukunft mécht ... Et ass net laang hier, datt mer hei nach eng Rallonge gestëmmt hu fir déi Investissementer, déi zu Eschduerf virgeholl ginn, wat och gutt a richteg ass.

Wa mer natierlech iwwert de SEBES schwätzen, da si mer och ganz séier bei der Qualitéit vum Stauséi, well de Gros vun dem Waasser jo awer aus dem Stauséi geholl gëtt, fir dann d'Drénkwaasser opzebereeden. An da gesäit d'Situatioun scho manner roseg aus. Ech mengen, besonnesch an de Summerméint gi mer ëmmer konfrontéiert mat der Situatioun, datt den Algwuesstum extrem zouhëlt. Mir kennen och d'Problematik. Dat ass virun allem duerch den héijen Nitratgehalt an dem Stauséi bedéngt. Et muss een natierlech och wëssen, datt 65 % vum Anzuchsgebitt vum Stauséi op belscher Säit leien. Dat sinn eng bal 43.000 ha. Also hunn och eis belsch Partner natierlech eng gewësse Verantwortung do ze droen.

Et ass awer gutt feststellen, datt de SEBES och versicht huet, Partnerschaften unzestriewen, zum Beispill mam Naturpark Öwersauer, awer och mat de Bauere selwer. Do gëtt et jo d'LAKU, d'Landwirtschaftlech Kooperatioun Uewersauer, wou d'Bauere sech dann och verflachten, am Fong geholl méi eng gewässertrëglech Landwirtschaft an deem Raum do ze entwéckelen. Déi gouf 2015 gegrënnt.

De Moment hu mer plus ou moins 135.000 m<sup>3</sup> Drénkwaasser den Dag zur Verfügung, woubäi allerdéngs 11 % dovunner net den Normen entsprechen. Ech hu virun op dat groussherzoglecht Reglement higewisen. Dann därff een och net vergiessen, datt



fénnef vu sechs énnierdesche Waassermassen 2020 jiddefalls d'Normen och net erfüllt hunn, virun allem am nördlechen an am östlechen Trias respektiv am énneren an am mëttlere Lias. Et kann een also soen, datt de Grondwaasserspiegel u sech fält, den Nitrat- an de Pestizidgehalt am Grondwaasser awer klëmmt.

Bis d'Joer 2027 soll et jo eist Zil sinn, fir d'Grondwaasser esouwäit wéi méiglech och propper ze gestalten, woubäi een allerdéngs net soll ze vill optimistesche sinn. An ech mengen, et muss ee scho bal e groussen Illusionist si fir ze mengen, datt mer dat Zil géifen erreechen. Nichtsdestotz muss mer all Moossnamen huelen, fir et awer ze erreechen.

D'Feststellung vun de Pestiziden am Grondwaasser gëtt zënter 2007 vun der Administration de la gestion de l'eau och ëmmer konsequent gemaach, a Problemer besti jo haaptsächlech mam Metazachlor-ESA, mam Metolachlor-ESA a mam Metazachlor-OXA. Wann ech dat elo net sollt fachmännlech ausgedréckt hunn, entschëllegt mech, ech sinn och kee Fachmann op deem Gebitt.

Natierlech muss ee sech elo awer froen, wéi wäit mer d'Grondwaasser dann iwwerhaupt nach an deenen nächste Jore benotze kënnen. Doriwwer si jo schonn eng Rei Etüde gemaach ginn. Et ass natierlech och scho vill iwwer Buerungen diskutéiert ginn, déi och nach an Zukunft muss gemaach ginn.

Da si mer natierlech och ganz séier bei de Quellschutzzonen. Ech mengen, ouni Quellschutzzone kann een u sech och net ofgeséichert Quelle festhalen, wou mer d'Drénkwaasser eraushuelen. Dat ass e Problem, e ganz grouse Problem! Ech muss awer hei soen, datt an deene leschte Joren do grouss Efforte gemaach goufen, contrairement zu all deene Joerzénge virun.

Mir hate schonn 1906 e Gesetz iwwert d'effentlech Hygiène, wou am Fong deemools schonn de Prinzip vum Quellschutz festgehal e ginn ass. Wat awer an all deene Joerzénge geschitt ass, dat wësse mer. Mee och wann an deene leschte Joren, wéi gesot, vill Efforte gemaach goufen – 2020 sinn zum Beispill 19 nei Schutzzonen an zënter 2014 si 45 Règlement-grand-ducal geholl ginn, fir Quellschutzzonen auszuweisen, wat u sech awer schonn eng gewësse Leeschtung ass –, muss mer awer no vir kucken, a mir wëssen, datt do nach ganz vill Problemer bestinn an datt och nach vill Aarbecht op eis duerkënnen.

Zu dësem Zäitpunkt kann een am Fong geholl dräi Zorte Quellschutzgebidd virgesinn, dat heescht, déi a) ausgewise sinn, b) an der Prozedur sinn an c) an enger Ausaarbechtungsphas sinn. Vlächcht kann d'Madamm Ministesch eis herno awer nach zousätzlech Erklärungen iwwert dee weesentleche Punkt ginn, respektiv och, ob mer personalméisseg gutt opgestallt sinn, fir eeben där Fro nach besser kënnen entgéintzekommen.

Wa mer iwwer Quellschutz schwätzen, da si mer och ganz séier bei der Landwirtschaft. Ech mengen, et ass evident, datt d'Landwirtschaft jo awer och e gewëssenen Impakt op d'Qualitéit vun eisen Uewerflähegewässer respektiv énnierdesche Gewässer huet: Stéchwuert Nitrat. Natierlech, do wou vill gedüngt gëtt, do wou en héije Véibestand ass, entstinn zousätzlech Problemer. Sécher si mer do op engem gewëssenen unbequeemen Terrain.

Ech wëll och elo net hei d'Landwirtschaft eleng als de Buhmann dohistellen, dat wier och net fair, dat wier och net richtig. Mee eppes ass kloer: Et mussen awer do nach eng Rei Efforte gemaach ginn. Dofir muss och d'Zesummenaarbecht mat de Baueren nach intensivéiert ginn, an ech denken hei virun allem iwwer Formation, iwwer Kenntniss vum Kraider, virun allem awer och doriwwer, wéini wou muss wéi vill gesprézt

ginn. Da gëtt et jo Kooperatiounen tëschent de Gemengen, déi elo gegrennt goufen. An et soll een och d'Baueren ouni Zweifel animéieren, deene Kooperatiounen bäizetrieden. Da muss een och nach eng Kéier drun erënneren, datt se jo awer d'Käschte fir Düngplanung a Waasserschutzberodung zu 100 % vum Landwirtschaftsministère bezuelt kréien. Da gëtt et jo och déi sougenannt Begleetkomiteeën. Och do soll een, wéi gesot, souwäit wéi méiglech intensiv mat de Baueren zesummeschaffen.

E weesentleche Punkt sinn och déi Daten, déi do erfaasst ginn, an do dierfen natierlech keng Abuse gemaach ginn. Ech mengen, de Bauer muss ganz kloer wëssen, datt seng Daten, déi bekannt sinn, just fir Simulationszwecker an Evaluationszwecker wäerte genotzt ginn.

Klimawandel: Ech mengen, dat ass näischt Neits, mir wëssen, datt dat natierlech och e ganz groussen Impakt op eis Quellen an op eis Gewässer huet, virun allem, well eeben och d'Verdënnung vum Waasser manner intensiv ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en zweete Punkt ass natierlech dann awer och d'Versuergung an der Zukunft. Ech ka mech nach gutt erënneren – wann ech hei esou duerch de Sall kucken, si jo awer nach Eenzeler heibannen, déi sech och nach gutt dorunner erënnere kënnen –, wéi mer intensiv iwwert de 700.000-Awunner-Staat diskutéiert hunn. Dat war während Jore praktesch en Thema an dësem Land, dat ganz heftig diskutéiert ginn ass. Et hat een heiansdo d'Gefill, mir géifen an eng kollektiv Angscht an deem Land hei verfallen, well mer op eemol 700.000 Awunner hei hätten.

Mee bon, elo sti mer un der Schwell vu 700.000 an dat wäert héchstens nach zéng Joer daueren, dann hu mer och dat erreecht. Dat bréngt natierlech mat sech, datt d'Demande no Drénkwaasser nach wie vor an d'Luucht geet. Just e bësse Statistik – ech huelen hei déi vum SEBES –: Tëschent 1970 an 1979 louch d'Moyenne zum Beispill bei 35.192 m<sup>3</sup>, 2010 bis 2014 scho bei 54.849 m<sup>3</sup>, an elo si mer bei plus ou moins 74.000 m<sup>3</sup>. An dat wäert nach weidergoen. De SEBES wëllt seng Installatioun elo ausbauen op 110.000 m<sup>3</sup>, mat der Méiglechkeet bis 150.000 m<sup>3</sup>. Dat ass also ganz kloer Zeeche gesat, datt mer nach weider wëlle wuessen.

Am Rapport vum Ministère steet dann och, datt eis Waasserreserve fir Drénkwaasser hierzestelle bis 2040 plus ou moins ofgeséichert sinn. Jo, 2040 ass an 18 Joer, dat ass net méi ganz laang. Also muss ee sech elo jo och Gedanke maachen, wéi d'Drénkwaasserversuergung an deenen nächste Joerzénge hei zu Lëtzebuerg soll ausgesinn. An do gëtt et jo eng Rei Iwwerleeungen – an ech ginn och dovun aus, datt d'Madamm Ministesch eis vlächcht do nach méi genee Informatiounen wäert matginn –, zum Beispill d'Gewënnung vun Drénkwaasser aus der Musel. Den éischte Moment mengt een, dat wier e schlechte Witz, mee dat ass awer eng ganz seriö Iwwerleeung, déi do gefouert gëtt.

Eng zweet Méiglechkeet besteet an de Galerien zu Esch, wou ech mer awer soe gelooss hunn, datt dat technesch bal net méiglech wär. Mee, wéi gesot, och do wäerte mer dann, huelen ech un, nach e puer zousätzlech Erklärungen kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an engem drëtten Punkt geet et natierlech virun allem och ëm d'Spuere vum Waasser. An do hu mer enormt Potenzial. Et dierf ee jo awer net vergiessen, datt nëmmen een eenzege Prozent – een eenzege Prozent! – vun deem Héichqualitätsdrénkwaasser, wat mer hei zu Lëtzebuerg hierstellen, iwwerhaupt fir Drénkwaasserszwecker genotzt gëtt. De Rescht, bon, ech mengen, mir wëssen, wou mer dat iwwerall gebrauchen.

Mee do besti mat Sécherheet nach ganz vill Méiglechkeeten, fir manner Drénkwaasser fir esou Zwecker ze gebrauchen.

Ech denken hei virun allem och un den industrielle Gebrauch. Do muss et awer Méiglechkeete ginn, fir dat gebrauchent Waasser nach eng Kéier frësch ze notzen an net ëmmer mussen Héichqualitätswaasser ze huelen, fir vlächcht nëmme Maschinnen ofzekillen. Da kéint een natierlech erëm d'Diskussioun hei lancéieren: Brauche mer Betriber hei zu Lëtzebuerg, déi ganz vill Waasser notzen? Stéchwuert FAGE – do wëll ech awer net méi weider drop zrëckkommen. Perséinlech sinn ech frou, datt mer dee Betrib elo net op Lëtzebuerg kruten.

Bon, mir kënnen natierlech och iwwer Google hei munches soen. Dat Eenzege, wat ech hoffen, ass, wann dee Betrib da sollt op Lëtzebuerg kommen, datt awer do Léisunge fonnt ginn, datt net nëmmen d'SEBES-Leitunge mussen zousätzlech ugezaapt ginn, mee datt och nach Waasser aus engem Floss genotzt gëtt. Et bestinn haut aner technesch Méiglechkeeten an duerfir solle mer déi och onbedéngt notzen.

Ech mengen, d'Digitaliséierung ass och e Stéchwuert, wat mer an Zukunft verstärkt mussen an der ganzer Waassergestioun benotzen. Vlächcht nach eng ganz kuerz Remark – ech gesinn, datt et och schonn ufängt, hei rout ze ginn –, an déi betrëfft den Drénkwaasserpräis. Iwwert dee kéint een och ganz vill diskutéieren.

Ech soen elo eppes, wat vlächcht net schrecklech populär kléngt. Virun ass sech hei vill opgereggt ginn iwwert de Bensinnspräis – jo, ok! Et ginn och Leit, déi sech iwwert de Waasserpräis opreegen. Ech wëll just soen: 1.000 Liter kaschten tëschent 3 a 5 Euro – dat soll ee sech awer mol eng Kéier op der Zong zergoe loosse – an da kritt een dat bescht Waasser, wat ee sech ka virstellen! Gitt an de Supermarché, kaaft do e Liter Mineralwaasser, da bezuelt Der bal dat selwecht. Also soll een iwwert den Drénkwaasserpräis och méi rasonabel diskutéieren.

Ech weess, datt et och Leit gëtt – och heibanne gëtt et eng Partei –, déi vun engem eenheetleche Waasserpräis dreemen. Dat ass hiert gutt Recht. Perséinlech sinn ech der Meenung, datt een net op dee Wee soll goen. Et kann een eng Gemeng net mat enger Gemeng vergläichen, mee ënnert dem Stréch solle mer eis jiddefalls nach eng Kéier bewosst sinn, datt mer hei zu Lëtzebuerg an där gudder Situatioun sinn, en héichwäertegt Drénkwaasser ze hunn. Mir sollen net muttwëlleg domat ëmgoen. Mee et sinn, wéi gesot, eng Rei Problemer, déi ech elo hei am Telegrammstil opgelëscht hunn. An dowéinst wier ech frou, wa mer och eng Rei Erklärungen kréien, virun allem doriwwer, wéi d'Drénkwaasserversuergung an Zukunft hei zu Lëtzebuerg wäert ausgesinn.

An deem Sënn soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteeren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Graas.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Aly Kaes agedroen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Aly Kaes** (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bon, fir d'éischt wëll ech emol dem honorabelen Här Gusty Graas villmools Merci soe fir déi Aktualitéitsstonn hei iwwert d'Waasser. Ech wëll em awer direkt soen, datt mer jo elo hei keng Diskussioun iwwert de Waasserpräis féieren. Dat stoung guer net zur Diskussioun. Ech kéint awer elo eng Stonn iwwert



de Waasserpräis schwätzen, dobäi hunn ech nëmme fënnf Minutten, wëll ech ganz kloer soen. Duerfir maache mer dat eng aner Kéier.

Dir wësst jo, wann hei iwwer Waasser geschwat gëtt, da sinn ech a mengem Element.

(Hilarité)

Mee Spaass beisäit, mir schwätzen haut iwwer e ganz eescht Thema an iwwer eppes, wat enorm wichteg ass, fir datt de Mënsch iwwerhaupt ka liewen. Och den Här Graas huet dat ënnerstrach.

D'Drénkwaasserversuergung um nationale Plang hei zu Lëtzebuerg ass eng Versuergung, déi eis laangfristeg wäert eng ganz Rei vu Suerge maachen. Et ass sécher richtig, datt kuerzfristeg kee gréissere Problem do ass, mee mëttel- a laangfristeg wäerte mer sécher eng ganz Rei Problemer kréien, wa mer keng Solutiounen an där Hisiicht fannen.

Och wann d'Zuele beleeeën, datt de Pro-Kapp-Verbrauch erofgeet, ass et ganz kloer esou, datt d'Awunnerzuel ganz staark eropgeet an doduerch ënnert dem Stréch – mat den zousätzleche Betriber, déi vill Waasser brauchen – de Besoin un Drénkwaasser extrem klëmmt. Zesumme mam Klimawandel, deen net méi ofzestreden ass, wäerte mer trotz dem Ausbau vun de SEBES-Capacités zu Eschduerf laangfristeg ganz kloer un d'Limite vun eise Méiglechkeete kommen.

D'Fro ass deemno: Wéi kréie mer eis nohalteg a sécher Drénkwaasserversuergung mëttelfristeg a laangfristeg ofgesécher? Ben, do gëtt et ganz sécher eng ganz Rei vu Pisten. Ech wëll der dräi hei opzielen, déi och zum Deel um Här Graas schonn erwänt gi sinn. Ech fänken emol u mat der Responsabilitéit, Drénkwaasser ze spueren.

Fir mech a fir d'CSV ass et ganz wichteg, datt mer responsabel mat dem Drénkwaasser ëmginn. Hei an der Chamber wësse mer alleguerten, datt Waasser méi ass wéi ganz einfach de Krunn opzedréien an et lafen ze loossen. Et ass awer esou, datt d'Bierger hei am Land d'Waasser dagdeeglech notzen an et fir si selbstverständlech ass, datt éischters d'Qualitéit stëmmt an zweetens d'Drénkwaasser onlimitéiert an onbegrenzt fir all Zwecker zur Verfügung steet.

Et ass u sech schued, datt net jidderee wierklech déi néideg Responsabilitéit hält, fir dat Waasser och ganz kontrolléiert ze notzen. Ech muss ganz éierlech soen: Ech weess net, ob mir eis et an Zukunft nach erlabe kënnen, de Summer grouss privat Schwämme mat héichwäertegem Drénkwaasser ze fëllen. Déi Fro muss ee sech einfach stellen.

Da muss ee sech froen, ob een den Auto wierklech all Dag mat héichwäertegem Drénkwaasser muss wäschen. An déi drëtt Saach ass, ob een eng Rei Aren – „englischer Rasen“ hat ech elo bal gesot, well ech e bëssen eppes vu Fussball verstinn – u sech mat héichwäertegem Drénkwaasser muss näzen. Alles dat a villes méi misst een einfach vill méi am Detail thematiséieren. Duerfir ass et ganz wichteg, datt mer d'Bierger, awer och d'Betriber responsabiliséieren, fir esou vill wéi méiglech Drénkwaasser ze spueren.

Dat Zweet ass de Waasserschutz. Wann ech Waasserschutz soen, da soen ech natierlech Quelleschutz. Jo, et sinn eng ganz Rei Saachen um Niveau vum Quelleschutz gemaach ginn, keng Diskussioun, mee et muss och nach weider an de Quelleschutz investéiert ginn a Quelleschutzgebiddere mussen ausgewise ginn.

A wann ee Quelleschutzgebiddere seet, ass d'Landwirtschaft automatesch mat concernéiert. Mee gutt Drénkwaasser ass eng Saach, Waasser eleng geet awer net duer, et muss een och eppes z'iessen hunn an duerfir brauch een onbedéngt eng gutt an héichwäerteg

Landwirtschaft. An ech mengen, datt hei um Terrain och scho ganz vill a konstruktiv zesummege schafft gëtt, och wann heiansdo gemengt gëtt, de Bauer wär deen Elengschëllegen. Dat ass sécher net de Fall. Et gëtt sécher dat eent oder anert schwaarzt Schof, mee de Bauer ass drun interesséiert, héichwäerteg Waasser, héichwäerteg Qualitéit ze hunn, a mécht alles fir ze hëllefen, dat ze realiséieren.

Dat Drëtt ass: Wou kënnen mer nei Capacités hierhuelen? De Moment ass et esou, datt d'Drénkwaasser engersäits aus dem Stau kënnt, anerersäits aus de Quellen, aus de Captagen, aus Buerungen, aus Iwwerflächewaasser, aus Fléissgewässer. Ben, de Stau, ech mengen, dee wäert iergendwann u seng Capacitéite kommen. Mir wäerten och hei a Lëtzebuerg keng nei Plaz fannen, wou mer nach eng Kéier Waasser stauen, fir Drénkwaasser hierzestellen. Ech mengen, dat ass aus Ëmweltschutzgrënn, mee awer och einfach d'Akzeptanz an eiser Bevëlkerung, déi ass ganz sécher an där Hisiicht net ginn.

An dann ass et esou, datt – an dat ass absolut richtig – een net onbegrenzt d'Quellen unzape kann. Mir hunn eng Nappe phréatique, déi an deene leschte Summeren net zougehall, mee ofgehall huet. Och déi Wantere waren net onbedéngt dobäi hëllefreich, eis Reserven, eis Nappe phréatique, erëm eng Kéier an Uerdnung ze bréngen. Duerfir muss mer kucken, wou mer aneschtens Waasser hierhuelen. Mir müssen also laangfristeg plangen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Här Kaes, Dir musst zum Schluss kommen.

**M. Aly Kaes (CSV)** | Ech komme gläich zum Schluss, Här President. Mir muss laangfristeg plangen an et ass also ganz kloer, datt eng vun den Alternativen d'Musel ass mat a sech enger Uferfiltratioun, wéi dat am Fachjargon heescht, fir erëm Waasser hierzestellen, zousätzlech Waasser hierzestellen, Drénkwaasser. Ech mengen, dat ass eng Alternativ, déi och scho gepréift ginn ass, an dat schéngt déi warscheinlechst fir d'Zukunft ze sinn.

Eng aner Alternativ, an da sinn ech gläich fäerdeg, eng aner Alternativ ass, ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Nee, Dir musst direkt fäerdeg sinn.

**M. Aly Kaes (CSV)** | ... datt mer eis iwwerleeën, wéi mer an der Zukunft eventuell grenziwwerschreidend zesummeschaffen. Um Ofwaasserplang gëtt et jo eng grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht, firwat also net am Drénkwaasserberäich? Egal wat fir e Modell an egal wat fir eng Modeller datt mer sichen, mir müssen et fäerdegbréngen, och laangfristeg eis Drénkwaasserreserven ze assuréieren.

(Interruption par la présidence)

Ech mengen, dat ass extrem wichteg, well d'Waasser ass en extrem wichteg Gutt. An deem Sënn, merci fir d'Nolauschteren, an entschëllegt, Här President, datt ech e bëssen ze laang war.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kaes. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Här President, Madamm Minister, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, dat wat ech Iech soen, wësst Der, mee et ass ëmmer nach schéin, nach eng Kéier drun erënnert ze ginn, dass d'Waasser dat Fundamentaalt ass, wat e Mënsch brauch fir ze liewen. Mir kënnen tëschent zwou an dräi Wochen ouni Essen auskommen, mee nëmmen dräi Deeg ouni Waasser. All lieweg Zell an eise Kierper brauch Waasser, fir kënnen ze funktionéieren.

D'Weltgesundheitsorganisatioun leet den deegleche Besoin fir e Mënsch u propperem Drénkwaasser bei ronn 100 Liter fest. An op eise Planéit liewen eng 800 Milliounen Leit, déi kee sécheren Accès zu propperem Drénkwaasser hunn. Mir kënnen eis deemno hei zu Lëtzebuerg privilegiéiert fillen, och wa mir eis däers am Alldag wuel ganz seele bewosst sinn.

Den Dagesverbrauch zu Lëtzebuerg beleeft sech en moyenne op 120.000 m<sup>3</sup>. Ronn d'Hallschent dovunner gëtt iwwer 256 Sourcen an 80 Foragen aus dem Grondwaasser gedeckt. Déi aner Hallschent bezéie mer aus dem Uewerflächewaasser, dat aus dem Stauséi vun Esch-Sauer kënnt. Duerfir brauch et en usprochsvoll Traitement, dat vum SEBES assuréiert gëtt. A bis elo huet de SEBES eng maximal Capacitéit vu 70.000 m<sup>3</sup> gehat a mat der neier Statioun ass d'Capacitéit op 150.000 m<sup>3</sup> ausgeweit ginn. Dës nei Statioun erlaabt eis et, mat der demografescher Entwécklung vum Grand-Duché zu all Moment kënnen Schratt ze halen.

De Klimawandel ass natierlech e groussen Defi, och fir den Zyklus vum Waasser. Engersäits wäert de Klimawandel d'Précipitatiounen nohalteg beaflossen. An eiser Regioun wäert de Reen tendenziell zouhuelen, zum Deel och, well et manner heefeg schneie wäert. Den eigentleche Problem besteet awer doranner, dass déi Hausse sech net wäert uniform op d'Kalennerjoer verdeelen, mee dass et ëmmer méi zu heftege Reefäll komme wäert, op déi mir net préparéiert sinn. Anerwäerts wäerten awer och d'Drëchenten zouhuelen. An dës extrem Wiederphenomeener wäerten an de kommende Joerzénge méi intensiv a méi heefeg virkommen.

Mir müssen eis alleguerten eens sinn, dass mer genuch Terrainen iwwert d'Land verdeelt behale müssen, déi onversigelt sinn. Onversigelt Landschaften sinn eng wichteg Viraussetzung, fir Drénkwaasser produzéieren ze kënnen. Nach ass et esou, dass mir mëttel- a laangfristeg muss Solutiounen um Niveau vun eisen Infrastrukturen fannen. Ech denken hei notament un erhéicht Capacités fir den Drainage vum Waasser a méi e groussen Duerchmiesser bei Waasserkanalisatiounen.

D'Äntwerte müssen natierlech dem jeeweilegen urbanistesche Kontext ugepasst sinn. Och muss mer waasserduerchlässig Materialien amplat vu Goudron notzen. Op Parkingen, Trottoiren, Parkanlagen oder Stroossen, iwwerall ass et hautdesdaags méiglech, waasserduerchlässig Uewerflächen ze notzen. D'Politik läit an dëser Fro hannert den technesche Méiglechkeeten hannendran.

Et gëtt nach weider extrem Wiederphenomeener, déi sech zu enger Menace entwéckele kënnen, mat där et ëmmer méi reegelméisseg zu enger Konfrontatioun fir eis kënnt. Esou muss zum Beispill sécher gestallt sinn, dass notament d'Pompelstatioun fir den Approvisionnement vum Grondwaasser zu all Moment funktionäer bleiwen, och wann duerch en Orkansturm d'Stroumversuergung sollt ënnerbrach ginn.

Den A an den O beim Drénkwaasser ass awer natierlech d'Garantie vun enger konstant gudder Qualitéit. Am Joer 2020 si méi wéi 11.000 Echantillone vum Waasserwirtschaftsamt zesumme mat de Gemengen analyséiert ginn. Déi bekanntst Schuedstoffer am Drénkwaasser sinn – wéi soll et och soss sinn – d'Nitrat an d'Pestiziden. D'Pestiziden, déi kënnen, wa se bis eng Kéier hire Wee an d'Grondwaasser fonnt hunn, zéng Joer do bleiwen. Aus deem Grond ass et esou wichteg, dass de Gebrauch vu Pestiziden op den absolute Minimum reduzéiert gëtt. An zanter 2016 ass jo de Gebrauch vu Pestizide fir den Entretien vum Espace public verbueden. Dës ass eng ganz wichteg



Decisioun am Sënn vun der Qualitéit vun eisem Grondwaasser gewiescht.

A mam groussherzogleche Reglement vum 12. Abrëll 2015 hu mir zu Lëtzebuerg d'Léiere gezunn aus der Kontaminatioun vun eisem Grondwaasser, Stéchwuert: Metazachlor. Ech war och ganz frou, wéi ech d'éinescht e klengen Austausch mat eiser Ministesch hat, déi mer confirméiert huet, dass lues awer sécher de Gehalt vum Metazachlor op deene bekannte Stellen, déi mer jo am Land ausgemaach hunn, wou et jo dann och wierklech zu engem groussen Problem komm ass, dass et lues a lues do erfogheet. An ech sinn och ganz frou, dass et e gutt Zesummespill gouf mat de Baueren a mat hire Betriber, fir och do hir Maisplantatiounen ëmzestellen an esou weider, an dass dat eigentlech och lues awer sécher dozou féiert, dass mer vläicht aus deem Derogatiounsmechanismus op Zäit kënnen erauskommen an dass mer erëm mat engem, loosse mer soen, bessere Waasser kënnen schaffen an eisen Opbereedungsanlagen.

D'Gemengen hunn en zentrale Rôle bei der Versuerung vun de Biergerinnen a Bierger mat Drénkwaasser. Si sinn zoustänneg, fir d'Qualitéit vum Drénkwaasser ze iwwerwaachen, mee och, fir d'Biergerinnen an d'Bierger iwwert den Zoustand vum Drénkwaasser ze informéieren an, wat ganz wichteg ass, esou Vertrauen ze schafen.

Den 22. Mäerz ass d'Journée mondiale vum Waasser. Ech mengen, spéitstens dann ass et e gudden Dag, fir sech nach eng Kéier duerch de Kapp goen ze loosse, mat wéi engem wäertvollen Element dass mer all Dag konfrontéiert sinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hemmen. An da wier et um honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Merci, Här President. Dir Dammen an Härren, d'Waasser ass déi wäertvollst Ressource, déi mer hunn. Mir drénken all Dag zwee Liter Waasser an de Mënsch brauch ongeféier 100 Liter proppert Waasser pro Dag. Zu Lëtzebuerg ass et awer esou, dass mer bei enger Consummatioun vun iwwer 200 Liter pro Dag pro Kapp leien. An et muss ee sech ëmmer erëm soen, dass mir domadder zu engem extreem privilegiéierte Land gehéieren, well Milliounen Leit op der Welt hunn déi dote Chance nämlech net.

An och déi Onofhängegkeet, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, dass mir eist Waasser hei kënnen produzéieren an, soen ech, och hei halen, dat ass eppes, wou mir onbedéngt mussen alles drusetzen, fir dass dat och an Zukunft esou bleift.

Wichteg ass dofir, dass mer, éischstens, an dat ass fir eis ganz kloer d'Prioritéit, eis Ressource Waasser schützen an net verschmotzen an, zweetens, dann och spueren. An dann an enger Laangzäitperspektiv muss mer ons och drëm beméien, fir nei Ressourcen fir d'Waasser ze fannen, wéi mer dat einfach an den nächste Joren och brauchen.

Ech komme fir unzefänken op de Volet vun dem Schützen. Mir hunn zu Lëtzebuerg eng 270 Quellen an och nach eng ganz Rei Pëtzer oder Foragen. Wichteg ass eeben, dass mer déi Quelle propper halen, well all Opbereedung, a mir maachen eng ganz Rei Opbereedungen zu Lëtzebuerg, ass nämlech intensiv an och deier. Wa mer awer e gudd Schutz viru maachen an d'Waasser propper ass, wann et aus der Quell erauskënnt, da gëtt dat ons vill méi bëlle. An do muss een einfach och soen, dass mer zënter der leschter Regierung wierklech ganz grouss Spréng gemaach hunn, wann et drëms geet, fir eis Drénkwaasserressourcen ze schützen, well iwwer 90 % vun de Quelle si mëttlerweil an der Prozedur, fir geschützt ze ginn oder si scho geschützt.

Mee wann ee sech dann awer d'Realitéit um Terrain ukuckt, da gesäit een trotzdeem, dass bei eisem Grondwaasser eng 50 % vun de Waasserkerper net an engem gudden cheemeschen Zoustand sinn. Dat heescht, trotzdeem mierke mer, dass all dat Drénkwaasser, wat mer hunn, net onbedéngt esou gutt ass, dass mer et net mussen opbereeden. Konkreet bedeit dat, dass am Joer 2021 Drénkwaasserfaassung fir 62.000 Awunner wéinst Qualitéitsproblemer net a Betrib waren. Also dat Waasser war esou schlecht, soen ech, dass mer et net drénke konnten. A bei aneren Drénkwaasserquellen, déi mer hunn, wësse mer, dass Waasser muss bäigemëscht ginn, wat propper ass, fir dass mer se eebe kënnen benotzen.

Do wëll ech also da ganz kloer soen: Mir mussen nach vill dru schaffen, fir dass eis Quellen nach besser geschützt ginn. An de Gros vum Problem – an ech wëll et dann och méi däitlech soe wéi e Virgänger vu mir – sinn awer déi diffus Anträge, déi mer aus der Landwirtschaft schaff hunn. Mir hu ganz kloer – a mir sollen d'Kand beim Numm nennen – Belaaschtungen duerch Nitraten oder duerch Pestiziden an déi sinn héich an de Quellen a mir mussen kucken, fir déi erfrozedrénken.

An ee Véierel ongeféier vun onse Waasserschutzzone sinn eeben och landwirtschaftlech Flächen. Dofir ass d'Verschlechterung, déi mer hei hunn, och wierklech eng Realitéit an d'Landwirtschaft muss dofir an d'Veantwortung geholl ginn. Mir hunn dat schonn: Mir hu landwirtschaftlech Kooperatiounen, mir hunn och finanziell Ënnerstëtzungen. Mir dierfen eis do net zrëckleenen a mir mussen op alle Fall kucken, déi nach weider ausbauen. De Quellschutz ass immens wichteg, fir längerfristeg eisen Drénkwaasserbedarf oprechtzuerhalen.

Den zweete Punkt ass kloer d'Spueren. Mir brauchen en effikassen Émgang mat onsem Waasser. An do huet de Ministère gerechent, dass mer op engem Horizont bis 2040 nach vill Aspuepotenzial hu bei den Haushalter, bis zu 30 % Aspuepotenzial, virun allem andeems mer d'Reewaasser respektiv d'Growthaasser notzen, andeems mer Waasserspuearmaturen asetzen, awer och duerch net technesch Mesuren, also zum Beispill, dass een duscht amplaz an d'Bidden ze goen, Sensibiliséierung an esou weider an esou fort.

D'Landwirtschaft huet och e Potenzial vun ongeféier 30 % fir ze spueren, d'Industrie 17 %, dat alles si Chiffere bis 2040. Ech wëll domadder kloer soen, dass mer eis an Zukunft nach méi Mesurë mussen ginn, fir dat Spuepotenzial och ëmzesetzen. Do ass all Einzelne gefuerdert, do ass d'Industrie gefuerdert an och d'Landwirtschaft ass gefuerdert. Firwat net zum Beispill nach vill méi an d'Richtung goen, dass een zum Beispill seet, wann en neit Haus gebaut gëtt, dass do och kloer muss op eng Reewaassernotzung zrëckgegraff ginn.

Vläicht nach ee weidere Punkt, deen ech kuerz wollt uschwätzen: Dat sinn d'Verloschter, déi mer um Réseau hunn, also bei de Leitungen, do si mer bei enger Héicht vun 9 %. Wéi ech dee Chiffer héieren hunn, hunn ech mer natierlech d'Fro gestallt: Wéi gesäit et da bei menger Gemeng, der Stad Lëtzebuerg, aus? An der Stad Lëtzebuerg gëtt et am Ganzen 2 % vun de Volummen, déi verluer ginn. Dat ass am Fong e ganz gudd Wäert, dee seet, dass d'Reseae ganz an der Rei sinn. Ech hunn awer e bësse riets a lénks nogefrot an et si Kolleegen aus anere Gemengen, déi mer gesot hunn, dass et zum Deel Gemenge gëtt, déi bei iwwer 10 % Verloschter op hirem Réseau sinn, wou een also kloer muss soen, dass nach laang net iwwerall am Land déi Reseae esou sinn, wéi se sollte sinn. An hei muss op alle Fall nach méi opgepasst ginn, fir dass mer eis Ressourcë méi effikass notzen.

Dann drëttens: déi nei Ressourcen. D'SEBES-Anlag, et gouf och scho gesot, do ginn elo duerch déi nei Anlag d'Capacités an d'Lucht. An awer wësse mer, och wa mer méi Quellschutz maachen a wa mer och méi aspueen, dass mer längerfristeg nach e weidert Standbee brauchen. Do lafe jo och déi néideg Etüde fir ze kucken, dass mer eng Opbereedungsanlag fir Drénkwaasser un der Musel kréien. An et gëtt jo och geso, bei de Bedarfsanalysen, dass mer dat am Horizont vun den nächsten 20 Joer mussen maachen.

Ech kommen zum Schluss. D'Prioritéit läit fir eis Gréng op alle Fall um Ressourcenschutz. A wéi ech et och scho gesot hunn, mierke mer, dass mer doran nach laang net perfekt sinn. Mir hu méi Ausweisung gemaach an trotzdeem mierke mer, dass d'Waasser, wat mer aus de Quelle kréien, ëmmer nach belaauscht ass, also brauche mer weiderhin nach konsequent Programmer a Moossnameprogramme dofir. An hei ass virun allem d'Landwirtschaft gefuerdert.

Mir brauchen och eng konsequent Spuerstrategie. Mir hu bis 2040 ongeféier 24 % vum spezifesch Pro-Kapp-Verbrauch, déi mer nach kënnen aspueen. Dat maache mer, andeems mer Verhalensännerunge maachen, andeems mer Reen a Growthaasser anescht notzen, andeems mer aner Apparatur notzen. Hei ass also wierklech jiddwereen, mengen ech, gefuerdert, eng Hand mat unzepaken, dat wierklech am Sënn dovunner, dass mer eng optimal Versuerung mat propperem Drénkwaasser fir jiddwereen hunn a virun allem och nach fir déi nächst Generatiounen an dass mer als Land bei deem heite Punkt esou onofhängeg bleiwen, wéi mer et bis elo scho sinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President, an och merci dem Gusty Graas fir dës dach awer wichteg Debatt. Dir bréngt jo ëmmer erëm d'Waasser hei an de Mëttelpunkt vum Gespréich, an ech fannen dat ganz gutt esou.

Ech ka mech och villem vun deem, wat do gesot ginn ass, uschlëssen, grad wat d'Qualitéit vum Waasser ugeet. Ech kann net an den Detail vun deene Saache goen, mee ech mengen, dat ass ganz richtig a mir hunn eng relativ gutt Qualitéit. A mir mussen alles derfir maachen, dass déi Qualitéit vun eisem Drénkwaasser déi néideg Qualitéit eeben huet an dass se gutt bleift.

Wou ech vläicht net esou ganz dermat d'accord sinn: Et ass geschwat gi vun engem klengen Damoklesschwäert. Ech géif éischter soen, dass et e grousst Damoklesschwäert ass, wat hei iwwer eis schwieft. An ech wëll do den Direkter vun Waasserwirtschaftsamt zitieren, de Jean-Paul Lickes, deen a senger Fonctioun als Gemengerot an der Gemeng Habscht virun dräi Joer fir d'DP gesot huet – ech zitieren aus dem Wort –: „Er zeichnete ein düsteres Bild, was die künftige Versorgung des Großherzogtums angeht. Das Land werde bereits in zwei bis drei Jahren mit Trinkwasserknappheit zu kämpfen haben, sollte sich die derzeitige Entwicklung fortsetzen, so Lickes.“ Dat war also virun e bësse méi wéi dräi Joer. Mir sinn elo an där Situatioun. Et ass vläicht nach net gradesou schlëmm, mee et ass awer dat, wat op eis zoukënn.

An de Grond dofir, dee kennt Der och allegueren – Waasser gëtt gespuert, et kéint ee sécher nach méi maachen –, mee den Haaptgrond, dat ass de Wuessum. An ech mengen, mir kommen net derlaanscht, wa mer déi Diskussioun hei ronderëm d'Waasser féieren, eeben de Wuessum, de Bevölkerungswuessum haapt-säichlech, ze thematiséieren.



Virun 20 Joer – et ass scho gesot ginn –, war eng Diskussioun iwwert de 700.000-Awunner-Staat. Do ass deelweis dann en Horrorzenario opgemoolt ginn, deelweis ass awer och einfach op d'Geforen higewise ginn, déi op eis laueren, wa mer op 700.000 Awunner zouginn. Elo kréie mer gläich 700.000 Awunner, a wann ech kucken, wéi deemools d'Diskussioun gelaf ass – do gëtt et nach ganz interessant Bicher vum Romain Kirt aus där Zäit, deem dat beschriwwen huet –, da ginn et effektiv ganz vill Problemer, déi mer deemools net hatten, déi mer haut hunn! An dat eeben duerch deem onwarscheinlechen Turbowuesstum, duerch déi onwarscheinlechen Zounam vun der Bevëlkerung.

Ech mengen, all d'Leit, déi hei an d'Land wunne kommen, déi brauche Waasser, déi ginn op d'Toilette, déi wäsche sech d'Hänn, déi drénken och Waasser. An iwwegens net nëmmen déi Leit, déi hei wunnen, mee och d'Frontalieren, an dat féiert natierlech och dozou, dass d'Moyenne vun den Awunner natierlech an d'Luucht geet, well d'Frontaliere jo awer hei am Land och ganz vill Waasser konsuméieren.

Wa mer natierlech alljoers 12.000 Awunner méi kréien, dat ass dat, wat mer déi lescht Joren an der Moyenne hatten, a wa mer alljoers 7.000 Frontaliere méi kréien, dat ass dat, wat mer an de leschte Joren hatten, da kënnt noutgedrongen iergendwann eeben deem Noutstand mam Waasser. An da musse mer hei Äntwerte fannen, wou mer d'Waasser hierkréien oder – an dat wier eng vun de Léisungen, déi ech géif iergendwéi awer hei bevirdelegen – mir mussen einfach kucken, fir dee Wuesstum e bëssen an de Grëff ze kréien a fir deem ofzebrennen.

Et gëtt dovunner geschwat, wat fir Léisungen et gëtt. Et gëtt Etüden. D'Musel? Huele mer Waasser aus der Musel? Musse mer dat propper maachen? Pompele mer dat aus dem Dall erop an da gëtt dat iwwerall verdeelt? Ass dat wierklech dat, wat d'Lëtzebuurger dobausse wëllen? Ass dat wierklech dat, wat wierklech gutt ass? Mir hu bis elo proppert Waasser gehat.

Allgemeng ass et eeben einfach de Mangel, de Mangel a ville Beräicher, dee Suerge mécht. An dat ass och net nëmme beim Waasser. Mir kommen duerno nach zu engem aneren Thema, wou et ëmmer erëm dat selwecht ass, et feelt einfach hei am Land u ganz villem. An dat ass, well mer esou schnell wuessen.

A meng Fro ass dann déi, déi och scho gestallt ginn ass: Wa mer weider esou stramm wuessen an déi Bevëlkerungszounam hunn, wann déi esou massiv bleift, wéi kënne mer dann d'Waasserversuergung garantéieren respektiv wéi gedenken d'Ministeren d'Waasserversuergung ze garantéieren? Well dat si jo och Saachen, déi missten awer da schnell decidéiert ginn, a mir si jo net grad bekannt dofir, dass mer schnell Saache kënnen ëmsetzen!

Voilà! Ech géif soen, dat Wichtegst ass, mir verhéieren den Eng-Millioun-Awunnerstaat, da léise mer domadder de Waasserproblem an da léise mer domadder ganz vill aner Problemer, an da léise mer iwwegens och domadder de Logementsproblem.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Keup. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, d'Waasser ass d'Grondbedéngung vum Liewen. Ouni Waasser ass kee Liewe méiglech. Proppert Waasser fir den direkte mënschleche Konsum ass geneesou iwwerliewenswichtig fir eis wéi fir all aner biologesch Virgänger ronderëm eis.

Domat ass kloer, dass d'Aufgab, fir genuch Drénkwaasser a gudder Qualitéit ze garantéieren, eng vun den zentralen Aufgaben, wann net déi zentraalt Aufgab ass, déi d'effentlech Hand huet an och onbedéngt behale muss. An domadder ass och kloer, dass d'Waasser e limitéierende Facteur ass. Net d'Waasser passt sech de Besoinen un, mee mir mussen eis als Gesellschaft dem Waasser upassen, fir et emol e bësse vereinfacht duerzestellen.

Dëse grondleeënde Constat schéngt awer net wierklech wäit virgedrongen ze sinn, zumindest net an der Regierung, wann ee sech ukuckt, wéi mam Waasser ëmgaange gëtt, éischters, wat d'Reserven oder besser gesot d'Produktiounsméiglechkeete vun Drénkwaasser ugeet. Hei gëtt scho méi laang virdru gewarnt, dass an zirka 20 Joer d'Drénkwaasser bei ganz héijem Bedarf, zum Beispill op engem waarme Summerdag, kéint knapp ginn, trotz der Extensioun vun der Produktioun vun dem SEBES, déi mir jo d'lescht Joer hei gestëmmt hunn.

Am drëtten Waasserbewirtschaftungsplang vun der Regierung selwer, deem aktuell virläit, geet souguer rieds dovun, dass des Enkpäss schon 2031 kéinten antrieden, dat ass quasi muer! Obwuel dëst also bekannt ass, kënnt dëse Plang awer dann net zur Konklusioun, dass d'Waasserversuergung de bestëmmende Krittär muss sinn, fir wirtschaftspolitesch oder urbanistesche Decisiounen ze huelen. Nee, verschidden Aktivitéite wéi en Datacenter oder eng Jugurtsfabrick mat enorm héijem Waasserverbrauch si souguer op Lëtzebuerg gelackelt ginn an de Wirtschaftsminister huet och nach bedauert, dass et net virugeet oder des Projeten da guer net zustane kommen. Schwätzt an der Regierung kee mateneen? Oder wéi musse mir dat verstoen?

Zweetens komme mir op d'Qualitéit vum Waasser ze schwätzen. Duerch d'EU-Kaderdirektiv vun 2000, déi 2008 hei ëmgesat gouf, wär et d'Zil gewiescht, dass all d'Gewässer mindestens e gudden Zoustand kritt hätte bis 2015. 2022 ass d'Qualitéit vum Waasser an dem Drénkwaasser am Speziellen nach ëmmer e grouse Problem, deem net manner ginn ass. D'Grënn dovunner si bekannt. Sëlleg Rapporten an Etüden hunn an der Lescht gewisen, dass natierlech déi haut dominant Aart a Weis, fir Landwirtschaft ze bedriewen, Ueweflächewaasser souwéi Grondwaasser mat Réckstänn vun Planzeschutzmëttelen an Dünger belascht.

De Bewirtschaftungsplang gesäit awer hei och keng Mesur vir a verstoppt sech dann hannert dem Landwirtschaftsministère, dee mam neie Plan de développement rural Mesur misst ergräifen. De Waasserschutz ass awer eng iwwergräifend Aufgab, déi net wéi eng waarm Gromper hin- an hiergereecht ka ginn.

Mee domadder ass et natierlech net gedoen. Vill Gebrauchsgëgestänn, Medikamenter, Verpackungen vu Produkter an esou virun hu gesondheetsschiedlech Inhaltstoffer, déi no an no an eise Gewässer landen. D'Kläranlage kënnen dat net alles aus dem Waasser erausfilteren an déi Stoffer passéieren jo och oftmools guer keng Kläranlag, well se iwwer aner Weeër an d'Waasser kommen. D'Konsequenz ass, dass d'Opbereedung vum Drénkwaasser doduerjer ëmmer méi opwändeg gëtt a soumat natierlech och ëmmer méi deier.

Da si mer scho beim drëtten Volet, nämlech beim Präis vum Waasser. Dee gëtt zu Lëtzebuerg och opgrond vun EU-Virgäbe käschendeckend festgeluecht. Domat geet de Präis no an no erop fir d'Stéit, an hei besonnesch déi fix Undeeler vum Präis, op déi e Stot net iwwert de Verbrauch awierke kann. Dat gëtt mam Pollueur-payeur-Prinzip begrënn. Mee wéi beim Klimaschutz och, ass de Pollueur meeschtens net de Payeur, well wann de Pollueur tatsächlech d'Waasserwirtschaft zu

Lëtzebuerg misst finanzéieren, da wier et warscheinlech ganz séier eriwuer mat der Verschmutzung.

Här President, wann ee sech de Waasserbewirtschaftungsplang an d'Kriticken, déi dorunner geäussert goufen, ukuckt, da stinn engem d'Hoer zu Bierg. Virum Constat vun enger schlechter Qualitéit vum Waasser an de Grënn fir des Situatioun gi keng zillféierend Mesuren ergraff, fir des Situatioun ze verbesseren. Vun de Mesuren, déi am leschte Programm stoungen, ass scheinbar just e Brochdeel ëmgesat ginn. De Mouvement écologique beziffert dat op 8 %. Et feelt u wichtigen Erhiewungen, um Suivi vu Mesuren an un der Ëmsetzung, also un allen Ecken an Ennen. Dat ass an eisen Aen e ganz graven Dysfonctionnement!

Wéi erkläre mer eis deem? Ech hu gëschter mam franséische Soziolog Pierre Bourdieu argumentéiert. Fir hie gëtt et déi riets an déi lénks Hand vum Staat. Déi riets steet fir Finanzen, Wirtschaft a Sécherheet, déi lénks fir Soziale, Gesondheet, Schoul an Ëmwelt. Déi riets priméiert ëmmer, et ass d'Hand, déi de Staat féiert, déi lénks muss sech deem ëmmer ënneruerdnen! An dat gesi mir hei och ganz kloer.

Eppes steet fest: D'Ëmweltministesch huet e schwéiere Stand. D'Bëschstierwen, de Verloscht un Aarte villfalt, Iwwerschwemmungen an Dréchenten duerch de Klimawandel, d'Waasserwirtschaft, alles dat fält ënner hire Beräich. Um Enn bleift fir eis just d'Feststellung, dass des ekologesch Krisen trotz grénger Regierungsverantwortung kee méi e grouse Stellwäert op der Prioritéitëlëscht vun der Regierung kritt hunn. Leider!

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Op Ärem Geburtsdag geet et jo vill ëm d'Waasser haut. De Weltwaasserdag ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Dat ass, well ech es esou vill drénken.

(Hilarité)

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech sinn dovun ausgegangen, Här President.

(Interruption)

Um Weltwaasserdag soll een awer och nach eng Kéier drun erënneren, dass weltwäit net jiddereen d'Chance huet, fir proppert oder iwwerhaapt Drénkwaasser ze hunn. Et sinn iwwer 800 Milliounen Leit, déi net déi Chance hunn. An déi Zuel, déi ech erausgesicht hunn, wéi mer op de Regierungssäiten ënnerwee waren, well déi wierklech informativ sinn – do kann ee se och eemol luewen –, op ëmwelt.lu, dat ass déi, an déi huet mech e bësse schockéiert, dass all Dag 5.000 Kanner stierwen, well se direkt oder indirekt mam knaschtegem Waasser a Kontakt kommen. Dat huet mech e bësse schockéiert, dass déi Zuel esou héich ass. Fir et nach eng Kéier ze soen: 5.000 Kanner, wéi um Regierungssite steet.

Dofir ass et och ëmsou méi wichteg, wa mer eng Aussepolitik an eng Wirtschaftspolitik maachen, dass mer och do d'Waasser mat am A behalen. Et kann net sinn, dass mer a verschidde Länner fueren an do déi schéinsten Deale maachen – also Dir als Regierung – an awer vläicht net iwwert d'Theema Waasser schwätzen, net kucken, ob déi Leit och dat Waasser hunn.

Huele mer vläicht Länner wéi Dubai, ech mengen, déi waren elo ganz negativ opgefall mat hirem Waasserverbrauch, déi Megacity, dat ass en Thema, dat ee muss uschwätzen. Ech mengen, et kann ee vill



Theemen uschwätzen, mee awer och de Waasserverbrauch, de Waasserverbrauch an esou enger Megacity, wann een op esou eng Expo geet an dat finanziert. A grad dat – et si jo elo e puer Leit, déi dohinnerfléien, also, ech war nach ni do, ech fléien och net mat, mee e puer Leit awer – ass bekanntlech eng Wüüst, fir déi, déi et nach net woussten. Dat heescht, mir musse kucken, wa mer wirklech mat deene Pavillonnen an allem ënnerwee sinn, vläicht an eiser Aussepolitik an an eiser Wirtschaftspolitik och e bësse méi Wäert op d'Waasser ze leeën, wa mer wëssen, dass all Dag 5.000 Kanner stierwen oder 800 Milliounen Leit nach ëmmer net déi Moyenen hunn.

Dofir soe mir Piraten och ganz kloer, dass d'Waasser néierens op der Welt dierf privatiséiert ginn. Mir wieren eis konsequent géint eng grouss Firma, déi mat engem „N“ ufänkt a mat „estlé“ ophält.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dat ass fir eis e Skandal, wann ee kuckt, wéi déi zu Vittel oder enzwoosch anescht hir Waasserproduktioun kommerzialiséieren an déi Leit do herno näischt méi hunn! Firwat schwätzen ech dat un? Dat ass elo net direkt Lëtzebuerg, an awer, déi sinn nämlech hei an der Vente. Dat kann een alles awer hei zu Lëtzebuerg konsuméieren, et kann een et kafen. Sécherlech ass de Konsument do ze sensibiliséieren, mee et ass awer vläicht och ze soen, dass verschidde Firmen ... Déi Firma, déi ech elo genannt hunn, déi ass an Afrika nach vill méi schlëmme ënnerwee, wéi se dat zu Vittel oder iergendzwoosch a Frankräich mécht. Ech mengen, déi Dossiere sinn Iech alleguerde bekannt.

Dofir soe mir Piraten ganz kloer, dass d'Waasser op kee Fall dierf privatiséiert ginn!

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Zu Lëtzebuerg hu mir – zumindest an deem Gemengerot, wou ech vertruede sinn – scho méi oft d'Positioun ageholl, dass mer der Meinung sinn, dass de Waasserpräis muss verännert ginn. Mir Piraten sinn net der Meinung, dass de Fix esou héich soll sinn, mee dofir awer de Variabel vu mir aus 10-, 20-, 30-mol méi héich. Well et ka jo net sinn, dass een, dee vill verbraucht, doduerch, dass de Fix schonn héich ass, herno awer net esou, kommt, mir nennen et „richteg bestrooft“ gëtt, wann en dann Ëmweltschied mécht an d'Waasser quasi verhonzt fir de Pool, den Auto oder wat net nach alles, an do effektiv net esou vill méi bezit.

Dat heescht, de Fix muss erof, dofir muss de Variabel awer vill méi héich sinn, wann ee vill méi Waasser verbraucht. Ech weess, dat ass eng kleng Revolutioun am Waasserpräis, mee dat ass awer d'Meenung, déi mir Piraten vertrieben, dass de Fix erof muss goen, dass de Variabel muss vill méi héich sinn, fir dass ee ganz kloer do kann usetzen, wou ze vill Waasser verbraucht gëtt.

An et ass jo schonn e puermol ugeklongen, dass Lëtzebuerg dann iergendeng Kéier wëllt d'Musel unzapen. Do ass awer meng Fro dann un d'Ëmweltnistes, wéi et dann do ass mat de Reschter vu Cattenom, well bekanntlech gëtt Cattenom gespullt duerch d'Musel. Wéi ass et dann do mat de Reschter, déi do herno wäerten dra sinn? Dat ass awer fir mech elo e bësse riskant, wa mer herno soen, d'Leit sollen dat drénken, wa Cattenom domadder seng Reaktere spullt.

(Brouhaha)

Dann hu mir och schonn e puermol, zumindest op kommunaler Ebene, ugemierkt, national ass dat e bësse méi schwierig, dofir war ech e bësse verwonnert iwwert dee grénge Spracher: Mee wann ee Waasser

wëllt spueren, kann een direkt higoen an zum Beispill d'Gebaier esou maachen, dass se Reewaasser opfänken.

**Une voix** | Natierlech!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo, Dir sot „natierlech“, mee mir ass awer elo net bekannt, dass Äre Baute-minister dat grouss op all de Gebaier elo gemaach hätt rezent. Also fir all déi Gebaier, déi hei duerch d'Chamber gaange sinn, do mengen ech net, dass do grouss op de Waasserschutz oder iergendeppes esou opgepasst ginn ass.

**Une voix** | Ech menge schonn!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dir kënnt mir da jo nach erklären, wéi eng Gebaier konkret zum Beispill Toilette mat Reewaasserversuergung hunn oder soss eppes. Dat géif mech nawell interesséieren! Wéi eng grouss Projeten hutt Dir als gréng Partei do am Baute-ministère matkritt?

Dann nach eng Fro un d'Ministesch. Ech hat jo e puer Question-parlementaire gestallt, mee Dir kënnt mer hei nach eng Kéier soen, well dat hat ech nach net gefrot, wat dann elo geschitt, wann de Stau eidel gemaach gëtt, wéi mer da mat der Drénkwaasserversuergung hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Ronne kommen, well da feelt jo awer eng ganz grouss Quantitéit. Wësst Der do schonn, wéi Der dat géift maachen? Dir hutt mer gesot, et géif an e puer Joer iergendeng Kéier dozou kommen. Wéi géif dat da stattfannen?

An dann nach, meng Zäit ass ëm, eng ganz kleng Anekdote – an ech wëll dem Här Graas och Merci soe fir seng Heure d'actualité –, déi dem Här Graas vläicht och gefält. Et ass nämlech esou, dass een op d'Sportfëscher muss lauschten a kucken, well si sinn déi, déi als Éischt matkréien, wann an eise Gewässer eppes net fonctionéiert. An dofir si si déi, déi eigentlech wichteg sinn, fir dat ënner Kontroll ze halen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Erlaabt Der, datt den Här Benoy Iech eng Fro stellt?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Gären. Ech kréien elo gesot, wou hei Toilette mat Reewaasser sinn.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Nee, Fait personnel dann. Ech verweisen op d'Question parlementaire (QP) Nummer 4212 vum Max Hahn, wou de Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Baute genau opléscht, wat do alles vum Staat gemaach gëtt.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | A, ech hat gemengt, Dir géift mer elo soe wéi vill. Mee ech ka se awer eraussiche goen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci fir déi Präzisioun.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Ech kann Iech d'QP och virlesen, wann Der wëllt, Här Goergen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Carole Dieschbourg.

**Prise de position du Gouvernement**

**Mme Carole Dieschbourg**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Villmools merci, Här President. Iech nach alles Guddes zu Ärem ronne Gebuertsdag ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci.

**Mme Carole Dieschbourg**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | ... an natierlech dem Här Graas e ganz grouse Merci, dass mer haut dierfen deen Debat hunn, virgelagert zum Weltwaasserdag, wou d'Thema jo ass: „Grondwaasser. Maacht dat Onsiichtbaart siichtbar“. An ech si frou, dass d'Chamber sech mat dësem wichtigen Thema vum Waasser, insbesondere, wéi et an Ärer Ufro war, vum Drénkwaasser a vun der Versuergungssécherheet haut beschäftegt. An ech wëll och allegueren den Deputéierten e ganz häerzleche Merci soe fir hir konstruktiv Approche zu dëser Heure d'actualité.

Jo, Drénkwaasser zu Lëtzebuerg, dat bedeit all Dag ronn eng 121.000 m<sup>3</sup> Waasser aus den ëffentlechen Drénkwaasserreseauen. Déi gi verbraucht gréisstendeels vun den Haushalter, dat sinn eng 60 %, dann natierlech vun dem tertiäre Secteur mat 10 %, der Industrie mat 11 % an der Landwirtschaft mat tëschent 9 % an 10 %. An dann hu mer awer och d'Fuitten, 9 %, den Här Benoy hat déi d'ailleurs ugeschwat, wou mer natierlech allegueren, insbesondere och d'Gemengen, mat an der Responsabilitéit sinn, fir dass mer do och usetzen, fir déi Fuitten ze detektéieren. A 50 % vun eisem Waasser komme vu Quellen aus dem Grondwaasser eraus, 50 % awer och, a vill Virriedner hunn dat gesot, vun eiser Opbereedung beim SEBES uewen um Stauséi. Dat ass also Iwwerflächegewässer.

A vläicht rezent Donnéeën – den Här Keup hat gemengt, mir wäeren direkt an enger Katastroph. Et ass esou, dass wéinst dem Covid, wéinst dem Eröffuere vun der Wirtschaft, awer och wéinst engem méi naasse Summer, d'Situatioun sech duerchaus an deem leschte Joer licht entspaant huet, wat d'Drénkwaasser ugeet, wat eis awer net vun der Pflicht entbënn, dass mer wirklech virausschauend plangen, wann et ëm d'Drénkwaassersécherung geet.

Während mir hei an dësem héijen Haus de Kader setzen, wat d'Drénkwaasser ugeet, ass et esou, dass d'Gemengen, an insbesondere och sechs Gemengesyndikater, d'Geschécker leeden a Responsabilitéit iwwerhuelen, wann et ëm d'Drénkwaasserversuergung vun de Leit geet. An do musse mer an do wëlle mer Hand an Hand schaffen, och wa mer déi nei Direktiv ëmsetzen, déi et gëtt am Kader vum Drénkwaasser. Déi ass jo entstanen aus engem grouse Biergerbegier, dass Accès zum Waasser a ganz Europa soll garantéiert ginn.

An ech kann Iech elo hei och scho soen: Mir waren an deene leschte Méint a ganz villen Echanen, ënner anere och mat de Gemengeresponsablen, a mir wäerten en Tour maachen duerch d'Gemengen, fir si op déi nei Defie virzebereeden, well do komme jo d'Micropol-lueuren derbäi, do kommen nei Parametere derbäi. Do geet et ëm d'Sensibiliséierung an d'Virbereedung vun de Gemengen. An dat wäert mer natierlech zesumme maachen.

A fir op Iech nach eng Kéier anzegoen, Här Goergen: D'Drénkwaasserversuergung ass zu Lëtzebuerg a bleibt och zu Lëtzebuerg an ëffentlecher Hand! Dat wäert och schonn eleng esou bleiwen, well et gesetzlech ass, an net nëmmen, well Leit et hei soen, mee well et gesetzlech esou festgehalten ass! An dat ass richteg an dat ass wichteg. An ech hoffen, dass jidder-een an dësem héijen Haus dat och deelt.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Carole Dieschbourg**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | D'Drénkwaasserqualitéit hei zu Lëtzebuerg ass d'ail-lours gutt. Mir hunn dat beschkontrolléiert Liewens-mittel mat enge ronn 6.500 Analysen am Joer, déi hei gemaach ginn. 99 % si konform. Do, wou se net konform sinn, gëtt direkt gewarnt. D'Bevëlkerung gëtt



informéiert, et gëtt Pläng, déi goufen zesumme vun der Waasserverwaltung ausgeschafft, fir de Versuerger eng Hëllefstellung ze ginn. An do hu mer wierklech gutt Mechanismen, fir dass dat Vertrauen an dat wichtegst Liewensmëttel, d'Drénkwaasser, wat vum Krunn kënnt, och erhalte gëtt.

A mir wäerten dëst Fréijoer nach Formationen fir d'Gemengen organiséieren, grad well mer déi Sécherheet bei de Gemengen nach wëlle schäerfen, d'Wichtigkeet vu ganz gudden Infrastrukturen, well bei den Drénkwaasserinfrastrukturen – an do schwätze mer vun de Behälter, vun de Quellen, vun de Reseauen –, do ass et immens wichteg, an ech mengen, d'Cécile Hemmen hat dat gesot, dass eis Infrastrukturen gutt an der Rei sinn. An och do, muss ee soen, hu mer zu Lëtzebuerg an deene leschte Jore ganz vill Aarbecht gemaach.

Zanter 2006 gëtt et en „Drëpsi“, fir d'Drénkwaasserversuerger ze belounen, wa se gutt Aarbecht maachen. An 2018 hu mer eng nei Fiche technique, de Water Safety Plan, virgestallt a mir hunn och gesinn, dass d'Acteure vum Drénkwaasser dat direkt ugeholl hunn. Schonn ongeféier 60 % vun de Versuerger hunn zu Lëtzebuerg deen Tool, dee Water Safety Plan, quasi vollstänneg ausgefëllt, soudass mer och deemnächst wäerten d'Gemengen nach eng Kéier kënne belounen – dat wäert d'nächst Joer sinn, wa mer souwäit sinn – mat Labelen, wa si hir Hausaufgabe maachen, wat hir Drénkwaasserinfrastruktur betrëfft, wa si do um richtige Wee sinn. Well dat gesäit keen, an dat sinn awer wichteg Investissementen, déi eis Gemenge maachen!

An ech wëll och ganz kloer betounen: Do spillt Lëtzebuerg mat deem, wat d'Waasserverwaltung zesumme mat de Gemengen opgestallt huet, an der Volontéit, déi dohannertstécht, an de leschte Joren eng Virreideroll a mir sinn elo scho prett fir déi nei Direktiv. Do kënne mer soen: Mir sinn do wierklech net eréischt 2029 prett – well an der Direktiv steet, dass mer déi Risikoapproche do mussen bis 2029 ëmgesat hunn. Nee, mir komme vun engem schlechte Schüler, deen huet misse Strof bezuelen, awer elo iergendwéi an d'Gefilde vun: „Mir hunn hei zu Lëtzebuerg eng grouss Sensibilitéit an eng Drénkwaasserschutzkultur.“

Dat gëllt d'ailleurs net fir all d'Beräicher, a mir wäerten och nach mussen am Beräich Nitrater zesumme mat der Landwirtschaft ganz grouss Efforte maachen. Dat sollt een och op dëser Plaz soen. De Volet Drénkwaasser, do géif ech awer soen, do ass vill geschitt.

An da kommen ech op de preventive Schutz, op d'Drénkwaasserschutzzonen, well och dozou gouf et Froen hei aus dem Raum. Hate mer 2013 eng fäerdeg Schutzzone ëm de Stauséi, déi scho laang existéiert huet, an de Prozeduren, esou hu mer haut hei zu Lëtzebuerg 45 Schutzzone, déi duerch Règlement ausgewise sinn, an 8 weideren, déi ënnerwee sinn an de Prozeduren, wat dann 83 % vun de Quellen a Buerungen ausmécht, déi hautzudaags hei zu Lëtzebuerg zesumme mat de Gemengen, déi jo och d'Etüden hu misse maachen, wou mer eng wëssenschaftlech Basis hunn, geschützt ginn oder schonn ënnerwee sinn, fir geschützt ze ginn.

An et geet net nëmmen duer, dass déi Schutzzone ausgewise sinn. Mir hunn och an de leschte Joren, an de Gusty Graas hat et erwänt, zesumme mat der Landwirtschaft Pilotprojete wéi d'LAKU ronderëm de Stauséi ugefaange konkret um Terrain. Op dëser Plaz muss een och nach eng Kéier soen: Mir hunn nach ganz grouss Defien.

Mee mir hunn awer och an deene Kooperatiounsmodeller, déi mer opgebaut hunn, dat géigesäitegt Verständnes geschäert, de landwirtschaftlechen Acteure gewisen: Do an do hapert et nach, do mussen mer eis méi ustrengen! Well jiddereen, deen ech kennen,

mat deem ech an deene leschte Joren ze dinn hat, wëllt hëllefen, dass net nëmme gutt Liewensmëttel produzéiert ginn, mee och proppert Waasser produzéiert gëtt. An do an déi Richtung mussen mer weider schaffen. De preventive Schutz ass ëmmer dee gönschtegste Schutz. An da kréie mer iergendwann, hoffentlech, och dat Waasser fir 60.000 Leit, wat am Moment ausser Betrieb ass zu Lëtzebuerg, iergendwann erëm viabiliséiert doduerch, dass mer et preventiv schützen.

Déi Moosnameprogrammer, déi haut an de Waasserschutzgebiddern gemaach ginn, sinn d'ailleurs alleguerter mat der Landwirtschaft a mat de landwirtschaftlechen Administratiounen gemaach ginn. De Landwirtschaftsministère bezuelt haut Aiden a mir maachen en „top-up“ iwwert de Waasserfong. Mir hunn dat hei an dësem Haus beschloss gehat, wéi mer d'Waassergesetz geännert hunn, soudass haut järelech awer ronn 2 Milliounen iwwert déi Mesuren an d'Landwirtschaft ginn. An ech kann Iech soen, mir hunn nach Sputt no uewen, well geplangt vun eiser Säit ass, fir 4 bis 6 Milliounen am Joer kënne ze investéieren. Dat heescht, wa mer elo nach weider Faart ophuelen, an ech hoffen dat, well mer mëttlerweil vill Waasseranimateuren hunn, déi den Outreach Richtung Bauere maachen a Richtung Gemengen, da kréie mer sécherlech déi Dynamik nach gestärkt a kënne och hei nach dräi Schrëtt no vir maachen.

Dann, ganz kuerz: Schaffe mer iwwerregional? Jo. Mir kucken, an dat huet d'Chamber eis och hei zougestanen, zesumme mat der Wallonie ganz genee, wat mam Anzuchsgebit ass an der Belsch. Mir schaffen och bei de Quelle vum SES (ndlr: Syndicat des eaux du sud) zesumme mat eise wallouneschen Noperen, well de Waasserschutz net op de Grenzen ophält. An dofir hu mer eis och do Moyenne ginn – Här Kaes, Dir hat dat gefrot –, fir konkret och Waasserschutz iwwert d'Grenzen eraus ze maachen. Dat huet natierlech eng ganz aner Form wéi dat, wat mer maachen, wa mer hei zu Lëtzebuerg eng Schutzzon ausweisen, wou mer konkret Obligatiounen a Mesurëprogrammer maachen. Hei gëllt et awer, d'Kollaboratioun och weiderhin ze verdeiwen.

Dann: Kucke mer an d'Zukunft? Well et goug jo ëm d'Entwécklung vun der Drénkwaasserversuerung. An do, mengen ech, ware mer eis hei alleguerter eens, dass et fir déi Spëtzeverbräich, wéi mer laut der Etüd vun 2016 vun der Waasserverwaltung alleguerter wëssen, um Horizont 2035/2040 kann zu Enkpäss an de Spëtzezone kommen. Déi schwiergste Meint hei zu Lëtzebuerg, dat wëssen och d'Leit aus dem Waasserberäich, sinn tëschent Mee a Juli, da wann et schonn dréchen ass a wa vill Waasser verbraucht gëtt. Duerno hu mer ëmmer e liichte Réckgang, wa bis de Congé collectif kënnt. Et geet also drëm, dass mer, well d'Waasser eng endlech Ressource ass, dës Ressource zënnvoll notzen an dass mer gutt plangen, wéi mer an Zukunft zesummeschaffen, dass mer déi Interkonnexiounen, déi méiglech sinn, och maachen, fir d'Versuerungssécherheet ze garantéieren.

An nach e kuerzen Exkurs, d'Madamm Cécile Hemmen hat och e Punkt zur Sécherheet gemaach. An d'Sécherheet vu Waasserinfrastrukturen ass, mengen ech, an den haitegen Zäiten eppes, wou mer och mussen e speziellt Augenmerk drop leeën. Dofir hu mer an de leschte Jore ganz vill Efforte gemaach, an Zesummenaarbecht mat Waasserverwaltung an HCPN (ndlr: Haut-Commissariat à la protection nationale), fir eng sëllegen Infrastrukturen am Waasserberäich, eeben den Drénkwaasserreseau, och als sougenannt „infrastructure critique“ ze bezeichnen. An d'Chamber huet jo rezent d'Erhéijung fir de SEBES-Ausbau gestëmmt. Dat ass och en Thema, dass mer grad an dësen Zäiten och déi Risiken uerdentlech mat a Betruecht huelen, fir

dass eng Kontinuitéit och am Eeschtfall längstméiglech garantéiert ass an dass et net zu Ausfäll kënnt.

A just kuerz zu enger Fro: Déi nei SEBES-Anlag, déi wäert och à même sinn – Här Goergen, Dir hat gefrot, wat mer maachen –, fir dat Waasser direkt opzebereeden aus der Sauer, soudass een och do kann Entretienaarbechte maachen. Dat just zu Är Info, wat ass, wann do de Stau ausgebaut gëtt.

Elo kommen ech erëm zrëck op d'Drénkwaasserversuerung. Fir also zukünfteg Enkpäss ze vermeiden, ass et ganz kloer: D'Regierung baut hir Strategie op dräi Pilieren op, engersäits dem Schutz vun der Ressource, zweetens op de Waasserspueermoosnamen. Déi goufen och vun allen Acteuren hei gesot. Do ass et esou, dass mir ënnerdeelen an Haushalter, Landwirtschaft an Industrie. A fir allen dräi déi Beräicher hu mer eis ganz vill Gedanke gemaach.

Bei den Haushalter ass sécherlech d'Reduktioun duerch d'Verhaltensännerung, mat dem Wëssen, wou mer dru sinn, iwwer Smartmetering, ee vun deene wichtige Pilieren. Do brauche mer natierlech dann och landeswäit Smartmeteren, fir dass d'Leit wëssen, wou se iwwerhaapt dru sinn. Zweetens ass et d'Reduktioun duerch Waasserspueerinstallatiounen. Do kann een tëschent 4 % an 12 % Waasser spueren am Alldag, ouni dass een et mierkt, well ee klug Infrastrukturen agebaut huet. Hei si mer amgaang ze kucken, wéi een do ka klug Incentivé ginn.

Dann, den drëtten Punkt ass natierlech d'Substitutioun vum Drénkwaasser, och dat gouf vun de Virriedner ugeschwat. Do gëtt et dann, do hu mer e Potenzial vu 27 % beim Neibau. An do ass et jo och haut schonn esou, dass d'Leit kënne e Subsid kréie vum Staat, wa se Reewaasser notzen. Verschidde Gemengen sinn dat jo och schonn ugaangen. An dann hu mer eng sëllege Pilotprojeten, wou och de Staat selwer Versich mécht oder eeben och schonn eppes agebaut huet, fir Waasser ze spueren, a wou och Substitutioun gemaach gëtt. Ech nennen hei emol de Pilotprojet am Lycée vu Clief.

Fir de landwirtschaftleche Waasserverbrauch, do hate mer e „Waasserdësch“ am leschte Joer, zesumme mam Secteur horticole. An do hu mer festgehalten, op där enger Säit eng wëssenschaftlech Etüd ze maache mat der Uni Liège a Gembloux, wéi Waasser nohalteg am Uebst- a Geméisbau ka genotzt ginn ouni awer en negativen Impakt op d'Ressource Waasser, dat heescht, wou mer wierklech kucken, wat mer kënne mobiliséieren – Waasser aus de Gewässer, Grondwaasser –, fir eeben en nohaltegt Gebrauche vu Waasser. Och Stockage vu Waasser ass en Thema an deem Beräich. Dës Etüd gëtt natierlech aus dem Waasserfong bezuelt, an zousätzlech sollen duerno dann eeben och éischt Pilotprojete finanziell ënnerstëtzt ginn. Am Moment ass do e Budget vun enger hallwer Millioun virgesinn, fir dass mer do eng zolidd wëssenschaftlech Basis hunn. Änlech hu mer och zesumme mam LIST fir den industrielle Secteur. Do geet et dann éischter ëm d'Killen.

Zousätzlech Ressourcen, do ass et esou: Zanter dësem Februar gëtt et jo deen éischten Deel vun där neier SEBES-Anlag, an do, fir vläicht och op dem Här Graas seng Fro ze äntweren, gouf gekuckt, ganz kloer, ob mer kënne d'Galerien am Minett notzen. Dat ass awer éischter net néideg, soudass mir eis wäerten axéieren op d'Filtratioun, op d'Opbereedung vum Waasser aus der Musel. Do si mer amgaangen, Faisabilitéitsstudien ze maachen. A wann déi Faisabilitéitsstudien elo fäerdeg sinn, da wäerte mer kucken, dat zesumme mat de Gemengeresponsablen unzegoen, dass een entweder seet: Maache mer dat zesummen? Oder änlech wéi de SEBES? Oder mam SEBES? Gi mer eis do an eng nei



Aventure? Maache mer en neie Gemengesyndikat? Dat sinn déi Diskussiounen, déi elo wäerten ustoen. An déi wäerten nach dëst Joer ustoen, well ech gären an dësem Beräich weiderkommen, well et hei drëm geet, fir Lëtzebuerg op laang Dauer ofzeséchere mat propperem Drénkwaasser. An do gëtt natierlech och gekuckt op den Afloss vu Cattenom an dass et déi beschtméiglech an déi neistméiglech Technologie gëtt vun Opbereedung, fir dass mer kënne garantéieren, dass d'Leit och weiderhin hei d'Waasser vum Krunn drénken.

E leschte Punkt, wann Der erlaabt, Här President: Am Joer 2021 drénken d'Leit zu Lëtzebuerg duebel esou vill Krunnewaasser, duebel esou oft reegelméisseg Krunnewaasser wéi nach viru 15 Joer. Loosst eis dat Vertrauen net verspillen a loosst eis all zesumme fir de Waasserschutz hei zu Lëtzebuerg schaffen!

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Ëmweltministeresch Carole Dieschbourg. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

## 5. Interpellation de M. Marc Spautz au sujet de la situation de la formation professionnelle et des métiers de l'artisanat

Dee leschte Punkt vum Ordre du jour vun dëser Woch, oder nee, vun haut ass d'Interpellatioun vum Här Marc Spautz iwwert d'Berufsausbildung an d'Handwerksberuffer. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt den Auteur vun der Interpellatioun, den honorabelen Här Marc Spautz.

**Exposé**

**M. Marc Spautz** (CSV), interpellateur | Merci, Här President. Dir hat mech elo e bëssen erfëiert! Ech hat elo scho geduecht, muer wier alles annulléiert, wéi Der gesot hutt, et wier de leschte Punkt fir dës Woch.

Léif Kollegeinnen a Kollegen, wéi ech déi Debatt hei gefrot hunn, dat war den 21. Juli 2021. Bei anere Persounen heibannen, wann déi néng Méint waarden, ass et fir eppes anescht wéi dat, wouop mir hei néng Méint laang gewaart hunn, nämlech kënne zu dëser Debatt ze kommen.

Mir hu festgestallt an där Kris, déi mer haten oder nach hunn – a wou mer muer, Här Di Bartolomeo, ech mengen, déi 28. Kéier driwwer wäerten deliberéieren an der Covidsituatioun –, dass eis do a verschiddene Secteure Personal feelt. A virun allem hu mer dat gespuert bei den Infirmieren an den Infirmieren, bei deene Leit an de sozialen Dëngschter, wou mir festgestallt hunn, dass do e Personalmangel ass, dass mer do hei zu Lëtzebuerg net genuch Leit hunn, déi aus der Schoul erauskommen.

Mee doriwwer eraus hu mer awer och gemierkt, dass et an anere Secteuren u qualifizéierte Leit hei zu Lëtzebuerg feelt. A wann ech der Madamm Ëmweltministeresch elo nogelauschert hu bei der Debatt hei iwwert d'Waasserversuergung an alles dat, wat ee misst installéieren, fir kënne Waasser ze spueren, all déi Installatiounen, vun deenen do geschwat ginn ass, déi een doheem ka maachen, déi een am Betrib ka maachen: Do brauch een Handwierker, fir dat och kënne ëmsetzen. An d'Handwierker hei zu Lëtzebuerg, dat sinn a Chifferen ausgedréckt – mee den Här Minister huet bestëmmt nach méi neier wéi ech – 100.000 Aarbechtsplazen, dat sinn 93.000 Salaréien an 8.000 Betriber, déi d'Handwierker hei zu Lëtzebuerg duerstellt. Dat si 15,8 Milliarden Euro Ëmsatz. Dat heescht, dat sinn 10 % vum PIB. Dat sinn d'Zuele vum Stand 2020. Vläch sinn an Zwëschenzäit méi aktueller do, mee dat sinn déi Chifferen, déi ech erausfonnt

hunn, wéi mer déi Recherche gemaach hunn, fir heihinner ze kommen.

Wann ech vum Handwierk schwätzen, an déi meescht vun Iech wëssen et: Ech komme selwer aus dem Handwierk. Ech hunn och selwer ugefaangen domat, en Handwierk ze léieren. Ech hunn an enger Léier ugefaange mat engem System: Véier Deeg an der Woch bass de schaffe gaangen an een Dag an der Woch bass de an d'Schoul gaangen, wou s de dann heiansdo méi Schwieeregkeeten has an der Schoul, well wann s de d'nächst Woch erëm an d'Schoul gaange bass, hues de moies gesicht, wou s de de Schoulsak higestallt has, an dann hues de emol nach am Bus gekuckt, wat s de alles misst nach schreiwen a wat vun Hausaufgabe misst gemaach ginn.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Aner Systemer waren: Déi si fënnf Woche schaffe gaangen a sinn dann eng Woch an d'Schoul gaangen, wou ee vill méi e laange Continu hat. Wann Der dat awer ausrechent op sechs Woche gekuckt, op fënnf Woche gekuckt, kommt Der op dat selwecht eraus. An ech mengen, dass am Handwierk vun deemools hei zu Lëtzebuerg ganz vill Leit ausgebilt gi sinn, sief et a Privatbetriber, sief et och bei der ARBED, woubäi d'ARBED déizäit dee gréissten Ausbilder war mat véier Léierbuden, oder op der Goodyear, fir nëmmen dee Betrib ze nennen, oder bei den CFL, déi alleguerter selwer ausgebilt hunn, fir dass se déi Leit sollte fannen, déi se gebraucht hunn, déi an hirem Betrib noutwendeg waren, fir dass de Betrib konnt lafen. Déi hunn och an deene Beruffer ausgebilt, wou si selwer Nowuess gebraucht hunn a wou si selwer Nowuess gesicht hunn.

Mir feieren och, Här Minister, d'nächst Woch eng Schoul, déi 125 Joer feiert, an ech mengen, déi et och haut nach an hirem Numm huet: d'École des Arts et Métiers. Dat war déi éischt Handwierschoul, déi hei am Land staatlechersäits gemaach ginn ass. Et war awer kuerz virdrun, wou schon eng Privatschoul entstanden ass, déi et och haut nach gëtt. Dat war den Institut Emile Metz an dat waren deemools d'Stolpatronen, déi och derfir gesuergt hunn, dass si eng Schoul hätten, fir hinnen déi néideg Leit kënne ze bréngen, fir an hire Betriber kënne ze produzéieren. Dat weist, dass mer eis hei zu Lëtzebuerg, wat d'Handwierk ubelaangt, eng Zäitche ganz intensiv domat beschäftegt hunn an dass et och ëmmer ee vun de wichtege Facteuren an der Lëtzeburger Economie war.

Wa mer vum Handwierk schwätzen, dann ass dat net nëmmen dat Manuell. Mee ech mengen, dat brauch ech dem Minister net ze soen, dee weess dat, wann en d'Diplomer iwwerreicht, sinn do och administrativ Beruffer derbäi, do sinn och Beruffer derbäi aus der Hygiène, do si Beruffer derbäi ... Et ass ëmmer komesch, wann ech vum Coiffer schwätzen, ech schwätze léiwer da vun anere Leit hirem Coiffer. Och dat si Leit, déi en Handwierk geléiert hunn, fir Coiffer ze ginn.

*(Hilarité)*

Also bei mir brauch een dofir net onbedéngt en Diplom ze hunn, eng Maîtrise, fir bei mir d'Hoer riicht geluecht ze kréien. Dat ass dat, wat mer unhunn, verschidde Leit heibannen, wa se bei de Schneider ginn, wa se e Kostüm kréien, wa se bei de Schouster ginn, wa se hir Schung an d'Rei gemaach kréien. Och dat sinn Handwiersbetriber. Déi Kollegeinnen a Kollegen, déi e Brëll ophunn, déi wëssen och, si sollen zwar fir d'éischt bei en Aendokter goen, mee duerno ass et den Optiker, deen hinnen de Brëll an d'Rei mécht. Och dat ass en Handwierk. An ech mengen, dass et dofir och wichtig ass, dass mer eis hei zu Lëtzebuerg mam Handwierk beschäftegen.

Déi lescht Joren huet d'Chambre des Métiers ganz grouss Initiative geholl, fir kënne nei zousätzlech Léierplazen ze kréien, fir dass méi Leit fir d'Léier beegeschtert ginn, fir dass méi Leit bereet sinn, en Handwierk ze léieren.

A fir mech war et wicteg, dass mer eng Debatt heibanne féieren, well d'Chamber sech och mat deem Secteur soll beschäftegen. Mir beschäftegen eis mat ganz anere Wirtschaftszweiger, mee et ass och wicteg, heibannen iwwert d'Handwierk ze schwätzen an iwwert d'Attraktivitéit vum Handwierk.

D'Handwierk huet e ganz gudden Numm als Ausbilder, well alleguerter déi Leit oder ganz vill vun deene Leit, déi beim Staat a bei de Gemenge schaffen, hu fir d'éischt en Handwierk geléiert, ier se bei d'Gemeng oder bei de Staat an den technesche Betrib gaange sinn. A wann de Privatsektor se do net ausgebilt hätt, dann hätten de Staat an d'Gemenge keng Leit fonnt, fir déi Aarbechte kënne ze maachen, déi blutnoutwendeg sinn.

An och dat ass ee vun den Diskussiounspunkten, deen ëmmer kënnt: De Privatpatron bilt aus an da lafe se fort bei de Staat a bei d'Gemengen. An ech mengen, dass et dofir och wicteg ass, dass mir eis heibannen domat beschäftegen. An dass mir eis heibannen domat beschäftegen, huet och domat ze dinn: Wann een déi Zuele kuckt, déi d'Handwierk de Moment beschäftegt, do kënnt e groussen Deel aus dem Grenzgebitt. Do kënnt e groussen Deel aus der Belsch, Däitschland a Frankräich vun deenen, déi an deene Betriber dagan dagauss schaffen, fir dass och bei eis an den Handwiersbetriber nach eppes leeft.

Dofir mengen ech, dass mir heibannen och Initiative mussen huelen, fir dass mer méi Leit fir d'Handwierk beegeschtert kréien. An dat kënne mir net als Politik eleng maachen, mee et ass wicteg, dat zesumme mat de Betriber, zesumme mat de Gewerkschaften ze maachen.

An ech ka mech erënneren, Här Minister, un eng vun Äre Virgängerinnen an dem Ministère de l'Éducation nationale, Är Parteikollegein, d'Anne Brasseur: Zu där Zäit ass et eng Commission consultative de la formation professionnelle ginn – ech weess, déi ass et och duerno nach ginn –, mee déi huet sech reegelméisseg getraff an dat war eng Tripartitezusammensetzung, fir verschidde Saachen ze kucken, wat ee kéint maachen. A wat fir mech dovun iwweregblawen ass, dat ass den Accord vun 2003, wou deemools en Accord fonnt ginn ass tëscht de Sozialpartner, fir d'berufflech Weiterbildung ze fërderen, well et nämlech wicteg ass, dass Der och, wann Der eng Kéier eppes geléiert hutt, dann net stoe bleift, mee dass et muss viruoen. Well wann ech dee Beruff huelen, deen ech geléiert hunn, dat war Autosmecanicien; ech weess haut nach, wéi de Capot opgeet, an ech weess nach, wéi een e Pneu wiesselt.

**Une voix** | Dat weess ech och.

**M. Marc Spautz** (CSV), interpellateur | Fir de Rescht, muss ech Iech soen, ass d'Technik esou séier virugaangen, dass dat vill méi schwieereg ass. An domadder ass et och wicteg, dass ee sech bewusst ass, wann een en Handwierk léiert, dass dat net ofgeschloss ass, wann Der eng Geselleprüfung hutt, eng Meeschterprüfung hutt, mee dass Der musst weiderfueren an ëmmer erëm och en Invest maachen, Är Qualifikatioun muss upassen an och mat der Zäit mat viruoen. An et ass do, wou ech wollt hin.

Déi Leit, déi sech net esou mam Handwierk beschäftegen, déi hunn nach ëmmer déi Berufsbiller am Kapp, déi et fréier gi sinn, an do muss mer et fäerdegbréngen, vill méi drop hinzewiesen, dass Handwierk haut Hightech ass, dass Handwierk haut bedeit, dass wann Der dat léiert – ech huelen den Automobilssektor –, do maacht Der näischt méi ouni de Computer,



well do stellt Der näischt méi an ouni e Computer. An där Secteure gëtt et nach. Mir hunn nei Beruffer, an Zwëschenzäit de Mechatroniker – virun 20 Joer huet nach keen dovun geschwat, wat Mechanik an Elektronik beieneen ass –, well dat ëmmer méi um Marché ass.

(Interruption)

Gelif? Maja, gesitt Der, 20 Joer. All déi Saache sinn eebe wichteg, an dass mer doran investéieren an dass mer de Stellwäert vum Handwierk och emol erëm an de Mëttelpunkt stellen.

Wann Der an anere Länner sot „Ech sinn Handwierker“, dann zitt de Mann oder d’Fra den Hutt virun Iech a se si frou, well se wëssen, wat se mat Iech kënnen ufänken. Hei zu Lëtzebuerg ass dee Stellwäert am Handwierk net méi esou ginn. An ech mengen, dass dat och domat ze dinn huet, dass déi Wäertschätzung fir déi Leit, déi am Handwierk sinn, net déi selwecht ass hei zu Lëtzebuerg wéi am Ausland.

Ech wëll awer hannendrop soen: Vill vun Iech hu gemierkt, wann Der emol eng Kéier ee braucht, deen eppes heem bei Iech flécke kënnt, ...

**Une voix** | O Mamm, jo!

(Hilarité)

**M. Marc Spautz** (CSV), interpellateur | ... da sidd Der frou, wann Der en Handwierker fannt, an der Zwëschenzäit. An d’Martine Hansen huet gëschter dat Beispill ginn, dass do een Handwerksmann em gesot huet: „Wéi ech meng Ausbildung gemaach hunn, hätt ech mer ni kënne virstellen, dass ech decidéieren, wie mäi Client ass. Well ech hunn esou vill Demanden do leien, fir kënnen dohinner schaffen ze goen, dass ech kann decidéieren, wouhinneer ech ginn a wouhinneer ech net ginn, well nämlech net genuch Leit a verschiddene Secteure present sinn, fir kënnen do ze schaffen.“ An dofir ass et eebe wichteg, dass mer och do eppes dran investéieren.

A wann ech soen „doran investéieren“, dann ass et, dass mer musse mobiliséieren an der Schoul, dass mer mussen ufänken, an der Schoul op de Stellwäert vum Handwierk hinweisen, an net eréischt ufänken, doriwwer ze diskutéieren, wa se an de Lycée kommen, mee dass mer scho mussen an der Grondschoul ufänken, iwwert d’Handwierk ze schwätzen: Wat ass dat? An et ass och do wichteg ze weisen, wat ass en Handwerksmann, wat kann deen alles maachen, fir dass een och do eng Begeeschterung bei de Kanner a bei de Jugendleche mécht, fir si fir d’Handwierk ze begeeschten. An et ass net, fir einfach herno ze soen: „Bon, wann et net duergeet fir an de Classique, da gees de an den Arts et Métiers oder da gees de an d’Handwierk an da wäerte mer do schonn iergendepes fir dech fannen“, well dat ass a mengen Aen dee falsche Wee.

Dofir ass et eebe wichteg, dass mer ufänken, an der Schoul schonn dofir ze mobiliséieren, an net nëmmen an der Schoul bei de Kanner, mee och bei den Elteren, well nach ëmmer sinn et d’Elteren, déi mat driwwer diskutéieren, wat hir Kanner solle léieren a wat fir ee Wee vun der Qualifikatioun se sollen aschloen. An alleguerten déi, déi emol gesot hunn: „Ech hu mir fréier missen d’Fanger knaschten maachen, ech wier elo frou, wa meng Kanner dat net méi onbedéngt misste maachen an dass se dann net méi onbedéngt an deem engen oder deem anere Beruff misste schaffen“, hunn awer och e falscht Berufsbild virun Aen, dat nach domat verbonnen ass: Do mécht ee sech knaschteg, dann ass et net dat Richteg, fir dat doten ze maachen.

Dofir mengen ech, dass mer all zesummen – d’Regierung, d’Chamber – eis och musse méi doran investéieren an och emol méi hiweisen op dat, wat d’Handwierk alles kann duerstellen, an dass mer och do Botschafter

brauche fir d’Handwierk, Botschafter, déi och emol weisen, wat alles an deem Handwierk ze errechen ass. Do gëtt et „De mains de maîtres“, dat ass jo déi Ausstellung, déi elo zanter e puer Joer gemaach gëtt, fir dodrop hinweisen, mee och generell drop hinweisen, wat een alles am Handwierk ka begeeschten. Well och den Dokter, den Ingenieur an den Affekot, wann e säin Auto gären an der Rei hätt, brauch en dofir fir d’éischt en Handwierker. A jiddwereen, deen a sengem Haus wunnt, dee brauch och en Handwierker, fir déi Reparatüre gemaach ze kréien, déi do néideg sinn. Et si Verschiddener, déi kënnen et selwer, mee et sinn awer och Verschiddener, déi sinn drop ugewise, scho wann nëmmen d’Bier muss gewiesselt ginn, dass dann en Handwierker kënnt, fir eng Hand mat unzepaken.

Dofir, och dat muss een emol an de Mëttelpunkt stellen an et muss ee sech och bewusst sinn, wéi wichteg et ass, dass mer en Handwierk hunn, wat fonctionéiert, an dass et och am Handwierk méiglech ass, Karriär ze maachen.

Firwat soen ech dat? Et sinn der jo och ganz vill, déi sech engagéieren am Handwierk, déi maachen eng Geselleprüfung an duerno kucke se, fir d’Handwierk erëm ze verlossen. Och do hunn ech nach eng Kéier mäin eegent Berufsbild gekuckt: Wéi mer ugefaangen hunn an der Léierbud, du ware mer zu sechs, also bei deem Betrib, wou ech geschafft hunn, ware mer zu sechs Léierbouwen. Vun deene sechs ass een am Betrib bliwwen bis zum Schluss, bis en an d’Pensioun gaangen ass. Déi aner fënnf hunn alleguerten en anere Wee ageschloen. Si sinn zwar vläicht nach am Beruff nah bliwwen, mee hunn dee Beruff gemaach a groussen Industriebetriber respektiv si bei de Staat oder eng Gemeng gaangen, well se do aner finanziell Méiglechkeeten haten. An och dat ass ee vun de Problemer.

Mee fir dowéinst global ze soen, am Handwierk verdéngs de näischt, mengen ech, wier och e Feeler. Well et gëtt verschidden Handwerksberuffer, wou ganz gutt bezuelt gëtt, mee dat hânt allkéiers och dovun of, wéi de Secteur dréint a wat do alles lass ass, an et muss een och dorop hiweisen, dass een och säi Liewen am Handwierk ka maachen. Et kann ee sech och selbstänneg maachen, wann een nach eng Meeschterprüfung hannendropsetzt. An et kann een och d’Méiglechkeet huelen, fir kënnen e Betrib ze iwwerhuelen.

Mee wichteg ass, dass mer gutt qualifizéiert Handwerksleit fannen, an dofir misste mer och en anere Wee fanne vun der Mobiliséierung. Wann ech dat soen, Här Minister, ginn ech dovun aus, dass et wichteg ass, an der Grondschoul unzefänken, och drop hinweisen, wat d’Handwierk ass, wat d’Handwierk duerstellt a wat dat bedeit, an dass mer och bei der Orientéierung ufänken, wa mer se duerno an de Lycée huelen, ob dat dann de Lycée classique ass oder de Lycée général, dass mer och do dovun schwätzen an och weisen, wat Praktikume sinn, an dass mer och deene Leit aus dem Lycée classique weisen, wat d’Handwerksberuffer sinn.

Et stellt een och fest – an Är däitsch Kolleegen, Här Minister, wäerten Iech dat scho gesot hunn –, do gëtt et der ganz vill, déi maachen en Handwierk an da gi se nach op d’Universitéit virun oder déi maache souger zwee Diplomer parallell mateneen, wou se d’Abitur maachen a gläichzäiteg maache se eng Geselleprüfung. Dat sinn och Weeër, iwwert déi mir sollen nodenken, an et wier och wichteg, dass mir hei zu Lëtzebuerg déi Piste géifen uschneiden, dass mer et och géife fäerdegbréngen, dass Praktikume gemaach ginn a Lycée-classique a Betriber an dass se och do gesinn, wat alles d’Handwierk duerstellt, wat en Handwerksberuff ass, an dass och do d’Schülerinnen

an d’Schüler, awer och d’Elteren – an ech ënnersträichen et ëmmer erëm – matagebonne sinn, fir ze weisen, wat een do alles kann errechen an engem Handwierk a wat een alles am Handwierk och ka maachen.

Et soll een drop hiweisen zwëschent Schoul an Aarbechtswelt an déi Verbindung hierstellen, well d’Schoul bilt aus. Bei der Schoul ginn d’Leit eppes léiere fir d’Liewen, mee si léieren awer och eppes, fir herno hiert Liewen opzebauen, fir enger Aktivitéit nozegoen, sou dass een do och muss zesummeschaffen, dass een eng Ronn mécht, esou wéi dat da fréier mat der Commission consultative de la formation professionnelle war, wou ee positiv Messagë gëtt, wou een Talentschmide mécht, wou een drop hiweist, wat een alles kann errechen, wann een esou ee Beruff mécht, ob dat an engem manuellen Handwerksberuff ass oder an engem éischter méi intellektuellen Handwerksberuff.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV), interpellateur | Et muss een nach Ausbildungsperspektive ginn, Perspektive weisen. Mir wëssen, dass haut verschidde Betriber ausbilden an da lafen d’Leit fort. An anerer, déi maachen eng Geselleprüfung ganz an der Schoul an dann op eemol komme se op de Marché an da fanne se keng Aarbechtsplaz méi, well et dann heescht: „Du erfëlls net déi Ufuerderungen, déi mir brauchen, a mir kënnen net op dech zrëckgräifen.“ Och do ass et wichteg, dass mer eng Zesummenaarbecht maachen zwëschent der Economie an der Schoul, dass och nëmmen nach ausgebild gëtt, wou och eng bewusst Chance besteet, dass déi Leit duerno hei op de Lëtzebuerger Aarbechtsmarché kënnen zrëckkommen.

Da musse mer och driwwer schwätze beim DAP, ob et do net méiglech ass, wéi et fréier emol méiglech war, dass déi Leit hire Wee kënne fortsetzen. Beim Technikerdiplom hate mer fréier d’Méiglechkeet, direkt op eng Héichschoul ze goen am Ausland. Haut ass dat méi schwierig. Haut gëtt do nach parallell verlaangt, dass déi Leit nach zousätzlech Saache léieren, fir kënnen op enger Héichschoul am Ausland ugeholl ze ginn. An do wier et wichteg, dass mer no där Ausbildung kënne soen: E mécht d’Meeschterprüfung, e kann e Bachelor maachen an e ka gläichzäiteg am Ausland, wann een do Accorden treëft mat verschiddenen Héichschoulen, Fachhéichschoulen, eng Méiglechkeet hunn an eng Perspektiv hunn, fir sech do kënne weider auszebilden.

E wichteg Punkt ass och, dass een och an de Schoule selwer d’Schüler d’selwecht behandelt, an och wat generell d’Gepflogenheeten ubelaangt – souwuel am Général wéi am Lycée classique – fir alles, wat d’Schoulmaterial ugeet, dass dat iwwerall d’selwecht ass. Wann et op där enger Plaz gratis ass, misst et och op där anerer Plaz komplett gratis sinn, wat bei verschiddene Fachberuffer net ëmmer de Fall ass, well do déi Bicher och aner Präisser vläicht hunn, wéi dat am generelle Kader ass. Do muss och d’Méiglechkeet sinn, dass déi selwecht Konditiounen geschafe gi fir alleguerten d’Schülerinnen an d’Schüler, wann dat sollt eng Barriär sinn, respektiv dass een deenen awer nach eng Bourse gëtt, wann déi da mussen deier zousätzlech Bicher uschaffen.

An deene Schoulen ass et och wichteg, dass ee Kontakt ophëlt mat de Betriber, déi an där Géigend, an där Regioun sinn. Dat geschitt plazeweis ganz gutt, mee bei anere Schoulen ass dat awer e Problem, dass do manner Kontakt besteet zwëschent deem, wat an der Schoul leeft a wat um Terrain wierklech gebraucht gëtt. Ech mengen, och do ass et wichteg, eng Zesummenaarbecht op d’Been ze stellen, fir dass mer et fäerdegbréngen, dass mer déi Schüler, déi an déi Schoule ginn, och ze mobiliséieren, fir dat eent



oder dat anert Handwierk ze léieren. Well d'Handwierk brauch net nëmme deejéinegen, deen elo seet: „Ech maache mäi Beruff gäre fir mech“, mee d'Handwierk brauch och Leit, déi bereet sinn, duerno eng Meeschterprüfung ze maachen an duerno déi Betriber ze iwwerhuelen.

Ech erënnere mech, et ass nach net allze laang hier, du war eng Kéier eng gréisser Annonce vun enger däitscher Berufschamber um Internet. Do hu se de Geck gemaach, do hu se geschriwwen, do géifen dann e puer jonk, dynamesch, nei Patrone vun engem administrativen Betrib drop waarden, dass de 75-järegen Handwierker laanschtkéim, well se soss keng méi géife fannen, fir hinnen alles ze installéieren, dass se hire Betrib kéinten opmaachen.

Dat ass elo vläicht e bësse spätesch duergestallt. Mee verschidde Leit vun Iech, déi emol probéiert hunn, en Handwierker erbäizekréien, déi wäerten awer gemierkt hunn, dass et och net grad ganz falsch ass, dass et a) ëmmer méi schwierig ass, fir Leit ze fanne fir anzustellen, mee dass awer och b) fir de Client Schwierigkeiten do sinn, a verschiddene Secteure Leit ze fannen, déi och dohinnerkommen, fir déi Aarbecht kënnen ze realiséieren.

A wa mer dat alles diskutéieren a schwätzen, sou ass eis dat jo nach méi bewosst gi während der Covidzäit. Wéi mer dann doheem de Keller an dat eent oder dat anert Zëmmer geraumt haten, woufir mer all déi 20 Joer virdu keng Zäit haten, hu mer festgestallt, dass déi eng oder aner Reparatur misst gemaach ginn. Fir dann een erbäizekréien, deen dann och dee Moment dat géif maache kommen ..., ech mengen, do waarden der haut nach drop, dass ee kënnt, well och d'Bicher an de Betriber relativ voll sinn!

An dat ass jo och e gutt Zeechen, dass d'Opdragsbicher an de Betriber ganz voll sinn. Mee dat weist awer och, dass, wa mer net genuch Personal an net genuch Handwierker hunn, dat och eng Wuesstumsbrems ass, well déi Betriber jo gären astelle géifen. An déi Betriber loosse eis als Client jo net aus Spaass deen een oder deen aneren Dag méi laang waarden, mee si wiere scho frou, wa si eis och direkt kéinten ee schécken, mee si hunn net genuch Leit respektiv si fannen net déi Leit, déi se brauchen.

Dofir ass et wichteg, dass mir se ausbilden, dass mir hinnen eng Ausbildung gi respektiv och an der Erwerbsenausbildung – och dat gëtt et jo – doriwwer informéieren a weisen, wat een alles am Handwierk erreeche kann an dass do ganz vill spannend Beruffer derbäi sinn, wou een all Dag eppes anescht ersieht, wou een eng Satisfaktioun erlieft, wann dono dat Stéck, wat virdu futti war, nees ganz ass, a wann dat, wat virdu net méi gaangen ass, erëm geet.

Ech mengen, dass dat eng Debatt ass, déi heibanne soll gefouert ginn, mee dass et gläichzäiteg och eng Debatt ass, déi mer allegueren zesummen, jiddweren op senger Plaz, och emol dobausse musse féieren an drop hiweisen, dass et eebe wichteg ass, hei zu Lëtzebuerg och d'Handwierk ze ënnerstëtzen, net nëmme ze ënnerstëtze mat Aiden, mee och ze ënnerstëtzen doduerch, dass mer hinnen déi Méiglechkeet ginn, dass si hir Betriber esou kënnen opstellen, wéi dat muss sinn.

Ech mengen, dass et och wichteg ass, dass mer déi Berufsbiller, déi mer duerstellen, déi Programmer – an doru kann ech mech vu menger Zäit erënnere, do hu mer an der Schoul nach Saachen, déi um Schoulprogramm waren, misse léieren, déi eng mat méi Begeescherung, déi aner mat manner, wou mer awer herno festgestallt hunn, dass dat am Betrib guer net méi gebraucht ginn ass, dass do d'Technik scho vill méi

séier virugaange war – vill méi séier a vill méi reegelméisseg upassen, well een awer, wann ee mat de Leit aus dem Beruff diskutéiert, feststellt, dass do awer heiansdo Saache sinn, déi net méi dem leschte Stand entspreche vun haut, net méi deem entsprechen, wéi d'Technik haut ass, an déi an de Bicher awer nach esou geléiert gëtt, wéi et virdu war.

Ech ka mech drun erënnere, zu menger Zäit sinn d'Autos mat elektronischer Zündung komm. Dat hu mer an der Schoul net gemaach. Mir hunn nach geléiert, wéi ee Platinen astellt. Mee där Autos mat Platinen sinn et an där Zäit zwar nach ginn, mee et sinn awer keng esou méi nei op de Marché komm. Och do muss ee vill méi séier d'Adaptatiounen maachen, fir dass een och weess, wat dat bedeit.

Et ass dat selwecht an den Handwerksberuffer: engersäits gëtt et Hightechbetriber, mee anersäits gëtt et awer och verschidde Betriber, do muss ee rengt Fangerspätzegefill hunn, do muss ee mat ganz rengem Material schaffen. Wann Der emol doheem bei der Telefonsentral eng Kéier den Deckel opmaacht a kuckt, wéi reng do déi eenzel Saache sinn, da sidd Iech bewosst, dass do Leit sinn, déi dat musse schalten: Do gëllt et och, dat néidegt Fangerspätzegefill ze hunn.

**M. André Bauler (DP)** | Et dierf ee keng déck Fanger hunn.

**M. Marc Spautz (CSV)**, interpellateur | Et muss een net nëmme Fangerspätzegefill hei an der Chamber hunn, mee et muss een och Fangerspätzegefill hunn, wann een an engem Betrib där enger oder där anerer Aarbecht noheet. An ech mengen, Här Minister, dass do virun Iech – wann ech elo soen „Iech“, ass dat net fir Iech als Persoun gemengt, mee fir Äre Ministère – eng ganz grouss Aufgab läit, well et och do un der Schoul ass fir ze hëllefen. Wat d'Schoul och mécht, mee vläicht misst een iwwer nei Weeër an nei Methoden nodenken, fir besser kënnen mat de Betriber zesummenzeschaffen a virun allem da mat de Betriber, mat der Schoul d'Elteren an d'Kanner ze begeeschteren, fir en Handwerksberuff ze léieren.

Wa mer kucken, wéi dat a verschiddenen anere Länner ass, wéi verschiddenen anere Berufschamberen a Bundesländer dat an Däitschland maachen – ech weess, an Däitschland ass och d'Schoulpolitik net an deene 16 Bundesländer eng an déi selwecht, mee dat hänkt bei hinne vun den ënnerschiddleche Regiounen of, et hänkt och vun den ënnerschiddleche Berufschamberen of –, déi hunn eng Campagne gestart an déi heescht: „Handwerk ist nicht attraktiv? Lass dich vom Gegenteil überzeugen!“

Dat Beispill, wat ech hei hunn, ass vun der Regioun vu Münster, déi dorop hiweist – als Schoul, als Handwierk, zesumme mat de Sozialpartner, mat de Gewerkschaften, mam DGB an Däitschland –, wat s de alles mat dem Handwierk kanns erreechen, wat s de alles kanns maachen, wann s de e gutt ausgebildeten Handwierker bass, dass de kanns dän eegene Betrib grënnen, dass de och kanns Karriär maachen an esou engem Betrib, a wat d'Virdeeler sinn, wann s de kanns als Independant dän eegene Betrib féieren. Et gëtt gesot, wat s de kanns maachen, dass och Perspektiven am Handwierk bestoe bleiwen, dass de der muss bewosst sinn, dass ëmmer erëm Emännerunge kommen an dass dat, wat virun 20 Joer modern war, net ëmmer modern bleift.

An et ass och wichteg, dass een den Attraktivitätsproblem vum Handwierk och als Gesellschaft, als Politik ueget an drop hiweist an dat emol positiv duerstellt an net ëmmer negativ, am Genre: „A wann da guer näischt méi geet, da gees de an d'Handwierk“, mee dass een de Stellwäert aneschters mécht, och an eise Rieden, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz (CSV)**, interpellateur | ... fir domadder ze soen, dass dat soziaalt Usee vum den Handwerker och en anert gëtt an dass een och do aner Méiglechkeeten an aner Weeër huet. Dat selwecht gëllt och fir d'Opstigschancen. Ech mengen, dass betréff manner den Educationministère, dat geschitt méi an de Betriber selwer, bedeit awer gläichzäiteg och, dass de nach Formation continue muss maachen, fir dass de dann och eng Méiglechkeet hues, ëmmer um leschten Niveau ze sinn. An do gëtt et och Méiglechkeeten, wou de Staat kann hëllefen, fir dat ze maachen, sief et duerch e Congé, dee mer jo deelweis schonn hu fir d'Formation, sief et och iwwer aner Méiglechkeeten an aner Primmen.

Et muss ee wëssen, dass och Kreativitéit verlaangt ass a verschiddenen Handwerksberuffer – dat hänkt ëmmer dovun of, a wat fir engem Handwerksberuff een ass –, soudass och d'Kreativitéit mat an de Mëttelpunkt gestallt muss ginn. Et ass deemno wichteg, fir dat alles duerstellen.

Gläichzäiteg ass et och wichteg, d'Elteren ze begeeschteren. An da kënnt erëm eng Kéier e grouse Punkt op d'Schoul zrëck, well deen éischten Uspriechpartner, wann Der mat de Jugendlechen a mat de Kanner schwätzt, sinn d'Elteren. An et si jo meeschtens och déi Elteren – dat wëssen déi Leit, déi am Enseignement sinn –, déi et am meeschten néideg hätten, fir an d'Eltereversammlungen ze kommen, déi net kommen. Ech weess net, ob et iwwerall esou ass, mee an där Regioun, wou ech sinn, stelle mer dat op alle Fall fest. Mee och do ass et wichteg, d'Elteren trotzdeem ze mobiliséieren, mat ze invitéieren an ze weisen, wat alles mat deene Berufsbiller méiglech ass a wat een alles dora kann erreechen, dass et do och méiglech ass, mat der Fangerfäerdegkeet déi schéinste Saachen hiezestellen. A wann d'Eltere sech froen: „Jo, wann en elo en Handwierk léiert, eng Meeschterprüfung mécht an da wëllt e Betrib opbauen, wéi solle mir deem e Betrib opbauen?“, muss een och do erklären, wat do vu Méiglechkeeten do ass, fir Hëllefen ze kréien, wann ee sech als Betrib wëllt niderloossen.

An dat, wat dat Schéinst jo muss sinn: wann s de dann och als Betrib kanns Jugendlecher ausbilden! Nei Leit an déi Berufswelt erabringen, neie Leit do och d'Méiglechkeet ginn, eng Perspektiv ze hunn, dat muss jo fir een, dee selwer eng Ausbildung gemaach huet, mat dat Schéinst sinn, wat et gëtt!

Et muss een och drop hiweisen, wat een nach alles kann erreechen, wann een en Handwierk geléiert huet. Do muss mer vläicht Ännerungen maachen an der Schoul – fréier huet et geheescht: „Du méchs e CAP, da kanns de nach Ingénieur technicien ginn an da kanns de nach weidergoen“ –, fir dass een och déi Leederen nom DAP vill méi siichtbar mécht a seet, wat een duerno nach alles kann zousätzlech erreechen.

En anert Beispill ass dat vun engem anere Bundesland, wou et den Aarbechtsministère, net den Educationministère ass, dee seet: „Mir maachen eng Campagne, wat een alles ka maachen, fir d'Acquis vum de Mataarbechter ofzesécheren“, dass dat also net nëmme direkt de Loun ass, mee dass et do och d'Méiglechkeet gëtt vu Prestatiounen-naturen, dass et méiglech ass, e Coaching ze maachen, fir do Jugendlecher mat virun ze huelen, fir dass se och léieren, wat dat bedeit, wa se e Betrib opbauen, wat jo hei zu Lëtzebuerg normalerweis geschitt, wann s de vum DAP an d'Meeschterprüfung eriwirgergees. Do léiers de dann och déi administrativ Gestuon, déi s de an engem Betrib muss maachen, kriss gewisen, dass et och wichteg ass, Netzwierker opzebauen, Netzwierker zwëschen de Betriber, déi et am Handwierk gëtt, déi



et an deenen eenzelne Regiounen gëtt, an dass et och wichteg ass, eng attraktiv Öffentlechkeetsaarbecht ze maachen, allegueren d'Handwerksberuffer zesummen.

Ech kéint elo nach mat x esou Beispiller weiderfuere. Ech hu mer eng Dokumentatioun zesummege stellt aus Däitschland, aus Frankräich an aus der Belsch, wou d'Approche, fir et ze maachen allkéiers eng aner ass, mee wou d'Zil ëmmer dat ass, en attraktiv Handwierk ze weisen, well mer eis allegueren mussen bewusst sinn, dass, wa mer keng Handwerksbetreiber méi hunn, mer allegueren relativ komesch do setzen.

Wéi heibanne frëschgemaach ginn ass, Här President, déi nei Pulter koumen, wéi de Computer an d'Rei gesat ginn ass, waren et och Handwerker, déi déi Aarbecht gemaach hunn. A wann där keng do gewiescht wieren, géife mir 60, mat der Regierung 77, mam Personal 90, 100, net esou hei setzen, wéi mer elo hei setzen. An och d'äers soll ee sech bewusst sinn, wann ee mat den Handwerker schwätzt. Wann een alles dat net méi hätt a mir missten dat alles selwer maachen, ech mengen, da géife mer allegueren zimmlech komesch – vläicht net all, awer Verschiddener – drakucken, fir dat erëm un d'Lafen ze kréien.

Ech mengen, d'äers solle mer eis reegelméisseg bewusst sinn. An ech géif et och gutt fannen, wa mer heibannen all zesumme géife festhalen, dass mer reegelméisseg heibanne géifen diskutéieren iwwert d'Handwierk, iwwert d'Berufsausbildung an doriwwer, wéi wichteg et ass, dass mer Handwerker hunn, a wat géif geschéien, wa mer keng méi hätten, déi nokommen.

Jo, an och déi Leit an der Hotellerie, an de Restauratiounsbetreiber hunn eng Geselleprüfung, sief et als Kach, sief et als Garçon, och déi hunn eng Formation professionnelle gemaach am Handwierk. Déi sinn de Moment an enger Kris, ech brauch Iech net ze soe firwat, mir wëssen et allegueren: duerch déi Problemer, déi d'Covidsituatioun mat sech bruecht huet. Ganz vill Leit sinn an deem Secteur fortgelaf, soudass een och do ka kucken, wat ee ka maachen, fir deene Leit elo ze hëllefen, wat ee ka maache mat all deene Betreiber, déi et elo net méi packen, a wou vläicht Interêt do ass, deen een oder deen aneren ze motivéieren, sech trotz deene Schwierigkeeten, déi do sinn, als Handwerker niderzeloossen.

An ech mengen, dass mer eis do missten en Titel ginn – ech hat virdu gesot: „Handwierk ass Hightech“, an ech wëll guer net hei soen, wat een nach alles ka soen, ech hat fonnt: „Handwierk 4.0“ –, fir dass een dat och mat iergendenger Campagne verbënt an en baussen dréit an dass virun allem d'Exzellenz am Handwierk duergestallt gëtt. Well mir hunn hei zu Lëtzebuerg e gutt Handwierk a mir sollen alles maachen, dass mer souwuel d'Handwerksbetreiber wéi och déi Leit ëmmer fannen, déi mer do brauchen!

An et ass do, wou ech eeben Angscht hunn, an dofir mäin Appell un de Minister! Mir hunn deen Appell jo och schonn un d'Gesondheitsministesch gemaach, wat d'Infirmiären ubelaangt. Och do kéinte mer ouni d'Groussregioun net liewen. Beim Handwierk ass et amgaangen, an déi selwecht Richtung ze goen. Kommt mir maachen alles, fir dat ze verhënnere, well déi lescht zwee Joer hunn eis gewisen, wéi et ass, wa mer ëmmer nëmmen op Drëttsstaaten ugewise sinn: Denke mer nëmmen drun, wéi d'Kris ugaangen ass mam Covid, dass mer Masken hu missen aus Asien hierkréien, dass mer elo verschidde Produiten net méi erbäikréien, well mer déi hei zu Lëtzebuerg oder besser gesot an der Groussregioun net méi hierstellen an dofir Liwwerswierigkeete kritt hunn.

Kommt, mir kucken a mir suergen derfir, dass mer am Handwierk, dat bluttnoutwendeg ass fir all Land a fir all Ekonomie, genuch Leit selwer ausbilden an dass mer et och fäerdgebréngen, méi Leit fir d'Handwierk begeeschtert ze kréien.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Hutt Dir eng Motioun fir mech, oder ...? Nee. Ok! Ech hat mer elo eng Motioun erwaart an ech kréien näischt.

*(Hilarité et brouhaha)*

Mir kënnen vläicht eng zesumme maachen, well ech mengen, dass et hei net esou ass, dass et vill Differenze géif ginn.

Dat gesot, géif ech deem nächste Riedner, dem Här Claude Lamberty, d'Wuert ginn. Här Lamberty, et ass un Iech.

**Débat**

**M. Claude Lamberty** (DP) | Villmools merci, Här President. Jo, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wien denkt net heiansdo drun: „Wär et net vläicht un der Zäit fir eng nei, stylesch Coiffure, fir flott nei Holzstill an der Kichen?“

*(Interruption par M. Marc Spautz)*

Jo, ech hu mer geduecht: „Hëls de elo d'Beispill vun der Coiffure oder net?“ An dunn hunn ech geduecht, ech kéint mer dat nach erlaben.

*(Hilarité et interruption par M. Marc Spautz)*

Jo, mee elo geet meng Geschicht net méi ganz op! Also huele mer dann trotzdeem d'Coiffure, flott nei Holzstill an der Kichen oder dann awer eng Neigestaltung vum Buedzëmmer. D'Iddi ass ganz oft séier geduecht vun eis alleguer. Fir d'Ëmsetzung vun eisen deels ganz speziellen Iddien ass vun den eenzelne Berufsspezialisten awer extreemen handwierklechen Knowhow gefrot.

A fir d'alleréischte wëll ech awer dann, nom Coiffer, dem Här Spautz emol Merci soen, well Dir hutt mat engem Saz Recht – Dir hutt mat villem, wat Der de Mëtteg gesot hutt, Recht, mee mat engem Saz hutt Der nach méi Recht –: D'Handwierk an d'Ausbildung vun de Jonken an d'Handwierk hunn eng Debat verdéngt, a vläicht méi oft, wéi mer dat maachen!

Dir wësst – oder Dir wësst et och net, mee ech mengen, Dir wësst –, dass ech virdu laang Joren zu Bouneweg am Lycée geschafft hunn, wou ech dann u sech dagdeeglech mat der Ausbildung vun deene Jonken a ganz ënnerschiddlechen Handwerksberuffer ze dinn hat. An dofir kann ech dat, wat Der gesot hutt, a ganz villem haut absolut ënnersträchen an ech stellen awer och fest, dass dat, wat de Claude Meisch am Ministère an deene leschte Jore gemaach huet, ganz vill an déi Richtung geet, wat Der haut och thematiséiert hutt. Ech kommen awer nach dorop zrëck.

Déi Zuelen, déi Dir hat, hunn ech och: Ronn 100.000 Leit schaffen haut a méi wéi 8.000 Entrepreneuren hei am Land am Handwierk. Dat illustréiert, wéi fest verankert a wéi wichteg déi breetgefächert Offer un Handwerksberuffer an eiser Gesellschaft ass. Et illustréiert awer och, wat fir e groussen Employeur den Artisanat haut ass a wéi wichteg e wäert bleiwen an der Kreatioun vun neien Aarbechtsplazen fir d'Zukunft.

Ronn 10.000 nei Handwerker gi momentan pro Joer gebraucht – dat ass eng Schätzung aus dem Joer 2020 –, fir Leit ze ersetzen, déi a Pensioun ginn, déi de Secteur wiesselen, oder fir nei Posten, déi opginne. Bleiwe mer ganz kuerz bei der Alterspyramid vun der aktiver Populatioun: An den nächste Jore wäerten Dausenden Aarbechter aus dem Handwerkssektor a Pensioun goen, wuelverdénkt a Pensioun goen. Dat

stellt eis als Gesellschaft natierlech virun eng gréisser Erausforderung. Nieft den Handwerker selwer ginn awer och eng net onerheeblech Zuel vun Entrepreneuren – do läit d'Schätzung bei 1.500 – an den nächste Joren an hir wuelverdénkt Pensioun. An och do stellt sech eis als Gesellschaft natierlech eng weider Erausforderung, well déi Betreiber riskéieren ze verschwannen, wann da keen Nofolger sollt fonnt ginn.

Mir gesinn also: De Besoin u qualifizéierten Handwerker an och u Meeschteren hei am Land ass grouss. Et ass allerdéngs kee Geheimnis, dass eng Karriär am Handwierk fir vill Jonker hei am Land net ëmmer den éischte Choix ass respektiv oft guer net an Erwägung gezu gëtt.

Wann ee sech mat Patronen ënnerhält, da kritt een oft de Message, dass Problemer do sinn, fir jonken Nowuess ze fannen, an dat wierklech quasi duerch déi ganz Bandbreit vun der Berufswelt. Besonnesch, mee net just um Bau gëtt mat Hänn a Féiss no qualifizéierten Aarbechter gesicht an dat och do an alle Berufssparten. Nieft dem Bau an der Industrie sinn awer och traditionell Handwerksberuffer betrafft, wéi zum Beispill de Metzler, wéi aus der neier Étude sectorielle vun der ADEM ervirgeet.

Fir dass eise Mëtzelstand, fir dass eis Handwerksbetreiber also an Zukunft hiren Aufgabe kënnen gerecht ginn, mussen mer alles drusetzen, de Secteur ze stäerken an d'Handwierk als positiv Alternativ fir eis jonk Generatioun ze promovéieren, zemoos well mir zu Lëtzebuerg u sech jo e favorabelt Ëmfeld fir de Mëtzelstand hunn: Eis Economie dréit, mir hu Wuesstum, eise Beschäftigungstaux geet erop, an dat esouguer no der Pandemie.

Am Verglach mat aneren europäesche Länner sinn eis kleng a mëttelgrouss Betreiber zu Lëtzebuerg besser duerch d'Kris komm, wat virun allem mat den Aiden zesummenhoung. Besonnesch während dem Lockdown waren d'Patronen op d'Hëllef vum Staat ugewisen. 2020 hunn deemno 84 % vun den Handwerksbetreiber vum Chômage partiel an 39 % vun den Aides directes non remboursables profitéiert.

Mat den éischten Impfungen am Fréijoer d'lescht Joer an de méi labbere sanitäre Mesurë koum de Marché dunn och lues a lues nees un d'Rullen. An zäitgläich mat der Reprise ass d'Demande u qualifizéierten Aarbechter nees däitlech an d'Luucht gaangen. Méi wéi ee Véierel vun den Handwerksbetreiber hunn zejoert ugin, dass de feelenden Nowuess d'Relance vun hiren Aktivitéiten duerchaus géif erschwéieren.

Firwat kréie mer et also nach net hin, dass méi Jonker an d'Betriebswelt, an en Handwierk wëlle goen, obwuel d'Vill Jonker net déi éischt Alternativ, obwuel kaum ee Secteur esou vill Entfaltungsméiglechkeeten an Zukunftsperspektive bitt?

Dat si Froen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, op déi mir mussen Äntwerte fannen, wa mir wëllen, dass eis Betreiber weider existéieren an evoluéieren. Et sinn nämlech grad eis Handwerksbetreiber, déi net nëmmen zu eiser Wirtschaft bäidroen, mee dacks vill méi déif an eiser Gesellschaft verwuerzelt sinn an eis Duerfan och Stadkäer prägen. De Bäcker, de Metzler, de Coiffer – elo si mer erëm bei em –, de Mecanicien, dat sinn alles Beruffer, déi engersäits praktesch Servicer fir den Alldag vum Bierger assuréieren an anerersäits awer och eis Stied an eis Dierfer iwwerhaupt emol lieweg maachen. Dofir si si duebel wichteg an dofir mussen mer ëmsou méi konkret Äntwerte ginn op d'Erausforderungen, déi sech eis stellen!

Eng Schwierigkeet ass, dass een ëmmer erëm d'Gefill huet, dass de bewusste Choix vun engem Jonke fir eng Berufsausbildung vun der Gesellschaft éischter



net als éischte Choix wouergeholl gëtt. Wa mir awer nees méi Jonker fir eng Zukunft am Handwerk wëlle motivéieren, da muss mer derfir suergen, dass d'Berufsausbildung dee Respekt an déi Anerkennung kritt, déi se verdéngt. An do si virun allem mir als ganz Gesellschaft gefrot. Do si mir alleguerten, heibannen an dobaussen, gefrot!

Ech sinn der Meenung, dass et hei zu engem Mentalitéitswessel an der Gesellschaft muss kommen, dass een déi positiv Säiten a Méiglechkeeten, déi d'Handwerk deene Jonke ka bidden, och genau esou muss thematiséieren an unerkennen. D'Berufsausbildung ass keen zweeträngege Bildungswee. Et ass net e Wee, deen ee just aschléit, wann ee soss keng Optioun huet! Et ass e Wee, deen ee soll aschloen, wann een handwerklech Talenter huet, wann ee seng Passioun wëllt zum Beruff maachen a seng manuell Motivatioun wëllt ënner Beweis stellen. Et soll een dee Wee aschloen, wann ee wëllt konkret eppes hierstellen a wann ee wëllt verschiddenst Méiglechkeeten hunn, fir sai Wee an der Berufswelt, an der Aarbechtswelt ze goen.

Et ass also e positive Choix fir d'Léieren an d'Erléieren vum engem Handwerk. A genee esou muss dat och an eis Käpp, net nëmme vun de Politiker, mee vun eiser Gesellschaft eran! An dofir brauche mir eeben dee vu mir thematiséierte Mentalitéitswessel.

Net all Jonken – an ech mengen, dat ass och virdu gesot ginn – huet als Zil, op d'Uni ze goen. An dat soll een och respektéieren: als Politik, als Elteren, als ganz Gesellschaft. Wat géif et eis och bréngen, all Jonken op d'Uni ze drécken, wann en do net glécklech ass? Mir müssen also alles drusetzen, dass d'Formation professionnelle als gläichwäerteg Bildungswee besonnesch an eise Käpp ugesi gëtt. Nëmme esou kënnen mir och wirklech déi individuell Talenter vun de Jonke fërderen an hinnen déi beschtméiglech Zukunftschancë bidden.

An de leschte Joren huet och den Educationministère schonn eng ganz Rei Efforte geleescht, fir d'Berufsausbildung an d'Handwerk ze valoriséieren an d'Formationen och ze veränneren. Wa mir haut vun der Ausbildung vun den Handwerksberuffer schwätzen, ass dat natierlech ganz anescht wéi virun 20 Joer; den Här Spautz huet et gutt illustréiert. An et wär och nach ganz anescht, wa mer eis elo kéinten 20 Joer no vir projézieren. Den Elektriker vun haut muss anescht forméiert gi wéi deen am Joer 2000. De klasschesche Mecanicien kann haut net méi esou un engem Auto schaffe wéi nach virun 10, 15 Joer a warscheinlech och souguer net wéi virun 2, 3 Joer. An den Installateur, dee muss natierlech och ganz anescht geschoult sinn, fir up to date ze sinn.

D'Fo ass jo elo: Wat huet dee Jonken haut als Perspektiv, wann e sech fir en Handwerk entscheet?

Eise Schoulssystem ass eigentlech haut esou opgebaut, dass de Berufsausbildungswee deene Jonken änlech Perspektive bitt wéi de Schüler, déi en anere Schoulparcours aschloen. D'Léierbouwen an d'Léiermeedercher kënnen hire Formatiounswee geneesou duerch Leeschtung a Fläiss mat ganz ville Perspektiven no uewen duerchlafé wéi Schüler, déi net an der Berufsausbildung ënnerwee sinn: vum CCP (ndlr: Certificat de compétence professionnelle) iwwert den DAP (ndlr: Diplôme d'aptitude professionnelle) zum Technikerofschloss, duerno iwwert de BTS (ndlr: Brevet de technicien supérieur) souguer bis hin zu engem Bachelor. Dat ass also eng ganz Bandbreit, déi sech do fir déi Jonk opmécht.

Nieft der Moderniséierung vum Contenu vun de Formationen ass et virun allem den oppene Stufesystem mat senge Passerellen, deen dës Bildungswee attraktiv mécht. Wa mir de Schüler duerch d'Berufsausbildung reell Zukunftschancë wëlle bidden, da

musse mer kucken, dass si no all Formation eng passend Umschulung kënne maachen. De progressive System, dee mir mëttlerweil zu Lëtzebuerg hunn, gëtt dësem Zil gerecht. D'Schüler hunn net nëmme d'Méiglechkeet, fir vun engem Niveau op deen nächsten ze klammen, mee kënnen och zu all Moment an d'Aarbechtswelt wisselen.

Eng effikass a perspektivschafend Berufsformation muss natierlech och permanent un d'Realitäten an un d'Besoinen vun eiser Ekonomie ugepasst ginn. An deem Kader schafft den Educationministère enk mat de verschiddene Berufskummeren zesummen, fir d'Programmer an och d'Unterrichtsmethoden reegelméisseg ze adaptéieren.

An de leschte Joren hu virun allem d'Digitaliséierung an de Wandel hin zu méi Nohaltegkeet d'Richtung diktiert. Nei Technologie wéi zum Beispill „digital game-based learning“ hunn hire Wee an de Schoulalltag fonnt an et goufen nei Formationen an de Beräicher E-Commerce, Smart Technologies a Smart Buildings geschafft.

Och an der Constructioun solle gläich e puer nei Formationen ugebuede ginn, wéi zum Beispill am Déifbau an der Maçonnerie. Am Beräich vun der Kannerbetreuung soll schonn ab der nächster Rentrée en neien DAP ugebuede ginn. Mëttlerweil kënnen d'Schüler och verschidden Zousatzqualifikatiounen während der Formation initiale maachen, wat hire Wäert um Aarbechtsmarché nach eng Kéier däitlech erhéicht.

Nieft den ekonomesche Facteuren ass et awer och déi demografesch Entwécklung an d'Organisation vun der Berufsausbildung, déi do matafléist. Eis Schoulpopulatioun, déi gëtt ëmmer méi divers, a soumat och natierlech d'Erausforderung! Déi sproochlech Kompetenze vun deene Jonke sinn haut aner. Wann d'Berufsformation awer fir jiddwereen accessibel soll sinn, da brauche mir niewent dem Däitschen och verstärkt Formationen an anere Sproochen, Franséisch an Englesch. Do goufe schonn Efforte gemaach, mee ech mengen, do muss mer nach weiterfueren an och weiterdenken, wa mer eis elo nach e bëssen no vir projézieren.

Eng aner Initiativ, op déi ech ganz kuerz wëll ze schwätze kommen, déi ech awer ganz wichteg fannen, ass d'Reform vun der Meeschterprüfung. D'Formationen wäerten an Zukunft net méi just ee spezifesch Beruff, mee villméi eng Famill vu Beruffer englobéieren. Domat wëllt een de Meeschtere méi berufflech Perspektive bidden. Ee Beispill dofir ass den neie Brevet an der Alimentatioun, mat deem de Meeschter souwuel als Metzler wéi awer och als Traiteur oder souguer als Pâtissier ka schaffen.

D'Aféierung vun engem duebeln Diplom ass e weideren interessanten Projet, deen och schonn 2019 annoncéiert gouf. Domadder soll een eng Première an en DAP am nämmelechen Ofschlossjoer kënne maachen. Firwat, kann ee sech froen. D'Iddi heibai ass et, de Schüler u sech méi Sécherheet an awer och méi Flexibilitéit ze bidden, andeems een hinne souwuel eng Karriär am Handwerk wéi awer och en Accès zu Héichschoulstudien erméiglecht. Ech mengen, dass an dësem Konzept immens vill Potenzial läit a puncto Attraktivitéit an och am Punkt vum positive Choix, deen e Jonken hält, fir esou eng Richtung wëllen anzeschloen.

Ausserdeem brauche mer awer och genuch Entrepreneuren, déi bereet sinn, jonk Léierbouwen a Léiermeedercher anzustellen, fir se auszubilden. Do sinn d'Beruffer natierlech als wichtegen, awer och als staarke Partner mat am Ausbildungsboot, well ouni si kann ee keng héichwäerteg praktesch Ausbildung assureieren.

Nieft dem duebeln Diplom am Lycée soll och op BTS-Niveau verstärkt op eng dual Approche gesat ginn. Déi Jonk sollen nieft dem theoreetesche Wëssen an der Schoul och praktesch Erfahrungen an engem Betrieb kënne sammelen, an dat net just am Kader vun engem Stage conventionné, mee sous forme vun engem Contrat d'apprentissage.

An deem Sënn gouf et fir d'Rentrée 2021 och den éischten duale BTS hei am Land, de BTS en commerce am Lycée du Nord. An Zukunft wäerte weiderer derbäikommen. Hei dernieft solle berufsorientéiert Bachelore fir Schüler mat engem BTS-Diplom entwéckelt ginn. Zesumme mam ECG an och mam Lycée des Arts et Métiers, deen haut schonn erwäant ginn ass, huet d'Uni.lu bis elo zwee esou Studiengänge agefouert, deen een de Bachelor en comptabilité et fiscalité an deen aneren – dat fannen ech ganz kreativ an interessant – de Bachelor en dessin d'animation.

Ech hunn elo eng ganz Rei Initiative genannt, déi déi berufflech Grondausbildung, also d'Formation initiale an de mëttleren an ieweschten Cycle vum Lycée méi attraktiv a méi effikass gemaach hunn. Nieft der Formation initiale spilt awer och déi berufflech Weiterentwicklung, also d'Formation continue, eng immens wichteg Roll, fir ëmmer up to date ze sinn, ze bleiwen an och, fir nei Leit aus anere Branchen unzezielen.

Iwwert d'Grondausbildung erlaabt d'Formation continue erwuessene Leit, en Diplom ze kréien, hir Kenntniss a Kompetenzen ze completéieren, sech berufflech nei ze orientéieren, am Beruff awer och weiderzecommen, sech op de Meeschterbréif ze preparéieren a sech awer och mat ganz neien Technologien, déi ëmmer méi wichteg ginn, vertraut ze maachen.

Fir déi Erwuessene esou gutt wéi méiglech op d'Digitaliséierung vun der Aarbechtswelt ze preparéieren, huet den Educationministère zesumme mat de Berufskummeren an der ADEM an de leschte Joren eng Retsch nei Weiterbildunge ganz besonnesch am Beräich vun der ICT entwéckelt. De Reskilling an den Upskilling goufen duerch d'Aféierung vun Deelzertifiquéierungen vereinfacht, an och d'Prozedur fir d'Unerkennung vun de Bildungsleeschtungen gouf iwwerschaubar. D'Demandé fir d'Validation des acquis de l'expérience kënnen haut einfach a bequiem iwwer MyGuichet agerecht ginn.

Ech hu virdu gesot, dass mir zu Lëtzebuerg e Mentalitéitswessel brauchen, dass mir falsch Stigmen aus de Käpp vun de Leit müssen erauskréien, dass mir d'Berufsausbildung als eppes Positives müssen duerstellen. Mir brauche breet ausgeluecht an ugeluecht Informationscampagnen, déi sech souwuel an déi Jonk, un d'Elteren, an d'Enseignanten an awer och un de Grand public richten. Da si mer erëm bei deem Mentalitéitswessel an der Gesellschaft.

An de Grondschoule gi se mam gudden Beispill vir. Do gi Workshopen am Kader vum Projet „Hallo Handwerk“ organiséiert, wou d'Kanner op eng spille-resch Aart a Weis verschidde Beruffer virgestallt kréien. De Goût um Handwerk vermëttelen duerch selwer experimentéieren, mee ganz besonnesch den natierleche Virwëlz vun all Kand, deen all Kand huet, notzen, fir verschiddenst Berufsbiller virzustellen, dat ass de Wee, deen et erméiglecht, de Kanner net just eng Richtung, wéi dat vläicht an deene leschte Joerzéngte ganz oft de Fall war, virzezechnen.

Am Luxembourg Science Center ginn déi Jugendlech iwwert d'Veielfalt vun den techneschen an och technologeschen Beruffer informéiert. An d'Kompetitioun LuxSkills soll déi Jonk dozou motivéieren, hir Talenter a Passiounen fräi ze entfalten.

Hautdesdaags bidde virun allem awer och d'sozial Medien an den Internet eng wichteg Méiglechkeet fir



jiddwereen a ganz besonnesch déi Jonk, fir sech ze informéieren. Dofir huet de SCRIPT zesumme mat der Chambre des Métiers den neie Site berufsausbildung.lu an d'Liewe geruff.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Ech rode jiddwerengem, wann en eng Kéier drun denkt, sech iwwer Beruffer ze informéieren, do emol laanscht surfen ze goen! Et ass gutt gemaach, et ass informativ an et ass dee richtige Wee.

Och d'Campagne „Hands Up“ oder #MakersOf lafe virun allem digital. Dat beweist, dass een u sech déi Jonk – ganz besonnesch déi Jonk – och do ofhëlt, wou se haut sinn: an de soziale Medien, am Internet. Do ginn d'Informatiounen haut weider an do ass och déi richteg Ausrichtung vun den Informatiounen méttlerweil ze fannen.

Am spéide Fréijoer dëst Joer soll eng grouss Schoulfoire fir Schüler aus der Grondschoul an aus den ënneschten Zyklen vun de Lycéeën organiséiert ginn. D'Zil heivunner ass et, déi Jonk iwwer sämtlech Formatiounen ze informéieren, déi hei am Land ugebuede ginn, an och déi verschidden handwierklech Beruffer virzestellen. Vlächtt kann den Här Minister eis herno e bësse méi iwwert déi Foire erzielen. An och den Här Bauler ass ganz sécherlech dorunner interesséiert, wat déi Foire alles ze bidden huet.

**M. André Bauler (DP)** | Ech war nach ëmmer interesséiert um Handwierk.

**M. Claude Lamberty (DP)** | Dofir hunn ech dat extra gesot, Här Bauler.

Här President, d'Covidkris huet eis nach eemol verdäitlecht, dass mir ekonomesch gesinn a ville Beräicher, an dat net nëmme am Handwierk, vun eisen Nopeschlänner ofhängeg sinn. Lëtzebuerg ass nun emol e klengt Land mat engem begrenzten Pool u qualifizierten Aarbechter an un Nowuess. Dofir wäerte mir och an Zukunft net derlaanscht kommen, fir en Deel vun eiser Main-d'œuvre an d'Ausland sichen ze goen. Wéi wäit iwwert d'Grenzen ewech an Zukunft rekrutiert gi muss, dat ass eng Fro, déi mer net haut musse klären, och net haut kënnen klären, mee déi mir awer méttelfristeg gesi ganz sécherlech nach eng Kéier musse thematiséieren.

Eng effikass Schoulpolitik ass immens wichteg. Si eleng geet awer net duer, fir de Manktum un Aarbechter ze léisen. Do spillen eng ganz Partie vu Facteuren eng Roll. Trotzdeem sinn ech der Meinung, dass all Weeër, all Pisten, all Adaptatiounen, déi ech virun opgezielt hunn a genannt hunn, hir Friichten droen an nees méi Jonker de Wee an d'Handwierk wäerte fannen.

Et feelt eisem Land net u kompetenten a kreative Käpp. Zesumme musse mir kucken, wéi mer si, déi kreativ a kompetent Käpp, an déi richteg Formatiounen kréien, wou si hire Wee och kënnen goen, wou mer se beegeschtert kréien, hir Skills auseliewen. Well nëmme Jonken, dee mat Freed a mat Loscht u seng Ausbildung erugeet a seng Talenter fräi entfale kann, wäert och spéiderhin eng gutt Aarbecht kënnen leeschten.

Nach eng Kéier merci dem Här Spautz an Iech merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Lamberty. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Tess Burton (LSAP)** | Merci, Här President. Ech wëll dann och ufänken a fir d'éischt dem Interpellant hei Merci soe fir seng Ufro. Och wann en huet laang missen drop waarden, fannen ech den Timing vun

dëser Interpellatioun awer ganz gutt, well och grad d'Pandemie eis nach eemol verdäitlecht huet, wéi wichteg d'Handwierk fir eis Gesellschaft ass.

Här President, op d'Fro, wat eigentlech systemrelevant ass, huet d'Pandemie eis vill Äntwerte ginn, virun allem och an der Aarbechtswelt, wou op eemol vu „systemrelevante Beruffer“ geschwat ginn ass. Dëst sinn natierlech sämtlech Aufgaben am Gesondheitssektor, mee doriwwer eraus fënnt een dann awer och ganz vill Beruffer, déi handwierklecher Natur sinn, op déi een net verzichten kann, ugefaange mam Bäcker, dee mer brauche fir eis Liewensmëttel, jo, fir eist Brout hierzestellen. A wien erënnt sech net dann drun, wéi mer ausgesinn hunn, wéi d'Coifferen am Lockdown waren? Och ech benotze gär den Beispill vun de Coifferen, well se eeben esou wichteg sinn. Doriwwer eraus hunn awer och vill Leit während dem Lockdown an hiert Doheem investéiert. Handwierker wéi den Usträicher oder den Elektriker ware während der Pandemie, och wann et fir si keng einfach Zäit war, vill gefrot, an och haut hunn nach vill Betriber am Handwierk méi Aarbecht, wéi se kuerzfristeg erleeedege kënnen.

D'Pandemie huet eis deemno gewisen, wéi wichteg d'Handwerksberuffer sinn, an dat grad fir e Land, deem seng Ekonomik virun allem op Services ausgeriicht ass. Dofir, eist Handwierk huet hei zu Lëtzebuerg och vill derzou bäigedroen, dass eise System an der Pandemie net zesummegebrach ass.

Mee, Här President, doriwwer eraus wësse mer, dass mer an deenen nächste Joren a Saache Logement vill Efforte wëlle maachen, massiv Wunraum wëlle schaffen. A wa mer wëllen Haiser bauen, da brauche mer ganz vill verschidden Handwierker, déi eis déi Haiser baue kënnen. Dat heescht, et ginn nach méi Leit an der Constructioun gebraucht, déi mussen ausgebilt ginn.

A wann een da weess, dass aktuell vun 8.000 Handwerksbetriber, déi et gëtt, 1.000 Betriber schonn haut an an den nächste Joren eng Relève sichen – et ass schonn ugeschwat ginn –, dann ass et nach méi kloer, dass mer an Zukunft vill Leit brauchen, déi bereet sinn, en Handwierk ze léieren. Mee fir dass jonk Leit de Choix treffen, fir en Handwierk ze léieren, mussen dës Beruffer attraktiv sinn an de Leit Zukunftsperspektive bidden.

Här President, ech wëll ufänken bei der Orientatioun, well all Mënsch hëlt iergendwann a sengem Liewen eng Decisioun, wat e wëllt léiere respektiv a wat fir engem Beruff e spéider wëllt schaffen. An do gëtt et ganz vill Facteuren, déi Afloss op dës Decisioun hunn.

Ech ka mech och nach u meng Zäit an der Schoul erënnere. Ech war am sechsten Schouljoer, wéi mer dräi Ateliere deemools an de Lycée niewendru kucke gaange sinn. Mee ech muss awer soen, dass dat deen eenzege Kontakt war, fir eis Schüler vum Handwierk ze begeeschteren. Dat ass elo scho bal 25 Joer hier. Säitdeem ass viles anescht. Haut gëtt et méi där Initiativen, mee den éischten Kontakt zum Handwierk ass nach ëmmer, wéi deemools, wichteg fir déi spéider Orientatioun.

Et ass deemno ganz wichteg, dass déi jonk Leit scho fréi mam Handwierk a Kontakt kommen, an dat och ëmmer erëm an hirer Schoulkarriär – ech denken do un de Fundamental an awer och un de Lycée –, fir dass si erkläert kréien, wat d'Handwierk ass, wéi d'Ausbildung ausgesäit a wéi eng Zukunftsperspektiv se am Handwierk hunn. Ech denken hei un Opklärungsarbeiten, déi weider muss gemaach ginn, mee och u Stagen, déi ugebuede solle ginn, fir dass dee Kontakt mam Handwierk méi intensiv gëtt.

Ech wëll hei gärden och de Service vun der Chambre des Métiers „Perspektiv Handwierk“ erwänen, wou se reegelméisseg an de Fundamental ginn an iwwert

d'Metieren opklären, fir dass déi Jonk sech iwwerhaupt eppes ënnert der Aarbecht virstelle kënnen. Ech sinn nämlech der Meinung, dass grad Leit, déi selwer Handwierker sinn, hir Passioun am beschten eriwuerbréngen kënnen. Dofir mussen mer déi Kontakter an Zukunft nach weider ausbauen.

Här President, allerdéngs spillen awer och oft d'Elteren eng wichteg Roll – dat ass och schonn haut ugeklungen –, wann et ëm den éischten Androck vum Handwierk geet. D'Orientéierung an en Handwerksberuff gëtt oft vun den Elteren ënnerstëtzt, oder eeben net. Dofir mussen mer d'Elteren esocht huele mat hire Motivatiounen, Froen an Droom. Mir mussen si richteg informéieren, well si droen e wichtegen Deel zur Orientéierung vun hirem Kand bäi.

Wann ech dann och zréckdenken u meng Zäit am sechsten Schouljoer, da weess ech nach, dass eis deemools allgemeng vermëttelt ginn ass, dass ee misst gutt léieren, fir dass een an de Classique kéint goen, dass den Technique déi Optioun wär, wann et net gutt leeft an der Schoul. An dat mussen mer onbedéngt aus de Käpp vun de Leit kréien, well d'Handwierk dierf keng Orientatioun vers le bas sinn. Mir brauche grad do och gutt Leit, well och d'Ufuerderungen un d'Handwierk ëmmer méi grouss a komplex ginn.

Ech hunn d'Orientéierung ugeschwat. Mir brauchen an eise Schoule kloer Opklärung a konkret Gespréicher iwwert déi verschidden Orientéierungsméiglechkeeten. Mir brauchen awer och eng Plaz, wou een dës kompletten Iwwerbléck ka kréien, zesumme mat Gespréicher mat Experten, déi engem mat Rot an Dot kënnen zur Säit stoen. D'Maison de l'orientation soll dës Plaz sinn. Mir freeën eis op alle Fall schonn op d'Reouverture Enn März an hoffen, dass hei an Zukunft ville Jonken nach besser ka gehollef ginn. Am Kontext vun der Berufsausbildung kënnt et hei insbesondere op de Service d'orientation professionnelle vun der ADEM un. Si sinn do fir all Froen ëm d'Berufsausbildung.

Da stellt sech awer och nach d'Fro, wéini dee beschte Moment ass, fir sech fir en Handwierk ze decidéieren. Hei wär et wichteg, dass méi Méiglechkeete geschafft ginn, wou de Wee an d'Handwierk nach méiglech ass. Ech denken hei zum Beispill u Passerellen, déi sollte geschafft gi fir Schüler, déi sech fir de Classique entscheeden hunn, awer kuerz virun hirem Ofschloss sech wëllen anescht orientéieren, dass si eng Méiglechkeet gebuede kréien, wou si net all hir Jore verléieren. Well d'Orientéierung vun de Jonken kënnt dacks ganz fréi. Am sechsten Schouljoer d'Decisioun ze huelen, ob ee vlächten en Handwierk wëllt léieren oder net, och sech mat 15 Joer scho mussen fir en Handwierk ze entscheiden, ass net evident.

Här President, d'Berufsausbildung ass en enorm spannenden Challenge. Et ass eng dual Ausbildung, dat heescht, déi fir eng gewëssen Zäit an der Schoul an op der Schaff stattfënnt. Ech kann all Jonken nëmme uroden, sech emol op deene verschiddene Sitten a Plazen ze informéieren, wat et hei alles fir Méiglechkeeten gëtt. D'Handwierk ass immens facetteräich. Hei zu Lëtzebuerg gëtt et iwwer 100 Metieren, déi ee ka léieren. Dëst geet iwwert déi verschiddenst Beräicher, vun der Construction, der Mecanique, allem wat Kommunikatioun ass iwwert d'Soins à la personne bis zur Alimentatioun. Ech mengen, do hu mir haut scho ganz vill geléiert, wéi facetteräich dee Beräich ass, wi vill ënnerschiddlech Beruffer et am Handwierk gëtt.

Wichteg bleift natierlech ëmmer, dass ee jonk Leit a Beruffer orientéiert, wou e Besoin do ass. Dat ass ganz wichteg fir d'Motivatioun vum Jonken, deen esou scho fréi gesäit, dass en an der Aarbechtswelt gebraucht gëtt.



Här President, mir hu vill vun deene Jonke geschwat, déi mer gären an d'Handwierk orientéiere wëllen. Mee d'Handwierk ass och eng Chance fir all Alter. Et ass eng grouss Nofro um Marché. Dofir kann een d'Aarbecht vun der ADEM an deem Beräich nëmme begrëssen. D'ADEM mécht reegelméisseg Etüde respektiv kuckt, wéi eng Kompetenzen um Aarbechtsmarché gebraucht ginn, a probéiert duerch Formatiounen, den Demandeurs d'emploi déi néideg Kompetenzen ze ginn. Initiative wéi „FutureSkills“ an de „Skills-Plang“ si wichteg, fir de Salarié wéi och de Betriber ze hëllefen, datt si beienee fannen.

Mee och d'Centres de formation sectorielle mussen ausgebaut ginn. Hei bilde Betriber hir Salariéen an deene Kompetenzen aus, déi gebraucht ginn, an dëst op eng ganz flexibel a reaktiv Aart a Weis. Am Kader vum Accord interprofessionnel vun der Chambre immobilière gëtt elo e weidere Kompetenzcenter op d'Bee gestallt. Dëst ass e Secteur, wou et 80 Entreprises gëtt an eng 2.000 Salarié schafen.

Här President, et gesäit ee mëttlerweil op ville Plazen, datt am Handwierk Leit gesicht ginn. Op ville Camionnetten vun Handwerksbetriber, déi duerch d'Land furen, steet, datt se Personal sichen. Dës Woch stoung souguer op menger Tut vu mengem Brout, datt de Bäcker Leit sicht. Ech mengen, et ass gewosst, datt mer eng Penurie am Handwierk hunn.

Eng Kritik, déi jo ëmmer erëm opkënnt an deem Kontext, ass, datt vill Léierbouwen a Léiermeedercher eng Ausbildung maachen an engem private Betrib an duerno awer an en anere Betrib wiesselen oder souguer bei engem Gemeng schaffe ginn. D'Konkurrenz am Handwierk ass duerch d'Penurie grouss. D'Handwerker kënne sech quasi hire Patron eraussichen. Doriwwer eraus brauch och eng Gemeng Handwerker, fir hir Servicer fir d'Bierger ze garantéieren.

Wann den ëffentlechen Déngscht manner attraktiv soll sinn, misst ee sech eigentlech de Contraire froen: Kënne mer net versichen, fir déi privat Betriber grad esou attraktiv ze maachen? Well mir wëlle jo net, datt et de Leit méi schlecht geet, mee datt et hinne besser geet!

Och am private Secteur gëtt et nämlech vill Méiglechkeeten, fir dem Salarié e positivent Aarbechtsëmfeld ze schafen. Ech denken do u ganz vill verschidde Saachen: datt vläicht an engem klengen Betrib d'Aarbechter méi wäertgeschätzt ginn, datt se méi Verantwortung kréien a matbestëmme kënnen, datt se vläicht méi flexibel schaffe kënnen. Mee natierlech spillt och de Salaire eng Roll. Wann d'Leit ënner Aarbechtskonditiounen schafen, déi net gutt sinn, ass et normal, datt se net wëllen op där Aarbechtsplaz bleiwen.

Dofir ass et wichteg, datt d'Betriber am Management vun hirem Personal forméiert ginn, datt et hinne bewosst gëtt, wéi wichteg en angeneemt Aarbechtsëmfeld fir hir Mataarbechter ass a wéi een d'Leit fir hir Aarbecht wäertgeschätzt. Well nëmmen esou kommen d'Leit gären op hir Aarbecht, identifizéiere sech mat hirem Betrib a wëllen och gären do bleiwen.

Zum Schluss wëll ech nach eemol ënnersträichen: Fir d'LSAP ass et wichteg, datt mir déi jonk Leit an déi Beruffer orientéieren, duer, wou se dréngend gebraucht ginn, datt de Kontakt zwëschen Schüler an Handwierk méi gefërdert gëtt, datt méi iwwert d'Orientatioun informéiert gëtt, datt d'Ausbildung fir d'Handwierk weider opgewäert gëtt an datt Passerellen geschaaft ginn, fir méi Méiglechkeeten ze hunn, en Handwierk ze léieren. An et ass wichteg, datt mer vermëttelen, datt d'Handwierk en immens flotte Beruff ass. En Handwerker kann all Dag seng Passioun liwwen, an dat ass dach dee schéinste Beruff, deen ee kann hunn!

Domat soen ech Iech scho Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Burton. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, „Makers of Luxembourg“: Wann Der wéi ech alt emol d'Geleeënheet hutt, an de Kino ze goen, dann hutt Der bestëmmt dee Spot: „MAKE. SHAPE. CREATE.“ vun de Makers of Luxembourg gesinn. E staarkt Stéck Lëtzebuerg gëtt do gewisen.

Leider kann ech hei an der Chamber op der Tribün dës Spot elo net weisen; eng Grafik hu mer virdu probéiert, et muss een déi Saache kënnen anschaulich bréngen. Mee gitt an de Kino oder gitt op de Site vun handwierk.lu, da fannt Der en. Do gëtt gesot: „Du hues dech schonn ëmmer gefrot, wéi et wier, e Maker, Shaper oder Creator ze sinn? Du hues e Fonken, eng Iddi, eppes wat s du schonn ëmmer wollts maachen, awer du weess net, wou ufänken.“

Ech hat am Fong geduecht, de Mëttelstandsminister wär hei. Ech si frou, dass de Schoulminister hei ass, well déi meescht Bemerkungen, déi ech maachen, ginn och kloer an déi Richtung.

„Makers of Luxembourg sinn déi Fraen a Männer, déi zu Lëtzebuerg am Handwierk schafen“, esou den Tom Wirion, Generaldirekter vun der Handwerkerkummer. A si sollen net am Schied bleiwen. Ganz am Géigendeel. „Eis Campagne baséiert op enger klarer Leitlinn, déi den Handwerker opfuerdert, Courage ze hunn, an anere Wieder, selbstebewosst a selbsteächer opzetrieden. Op de Fotoen, déi dann derbäi sinn, gesäit ee Persounen, déi selbstebewosst a staark op hir Aarbecht fokusséiert sinn.“

De Slogan „MAKE. SHAPE. CREATE.“ ass en Appell un d'Handwierk, wéi et sech soll selwer duerstellen. „Et geet ëm d'Wiese vum Handwierk: sech un d'Aarbecht ze maachen, ze formen a schliisslech Neies ze schafen. Et ass en Opruff u jiddweree vun eis, selwer aktiv ze ginn“, also net just ze fuerderen.

Da seet och den Tom Oberweis, President vun der Handwerkerkummer, dass déi Campagne elo laangfristeg ugeluecht ass a soll esou nohalte si wéi d'Handwierk selwer.

Et ass d'Roll vun der Handwerkerkummer, an der Ëffentlechkeet e positivent Bild vum Handwierk ze vermëttelen. Si soll zu Denksteiss an neie Perspektive féieren an déi onbestreitbar Bedeitung vum Handwierk ënnersträichen – wéi och meng Virriedner a Virriednerinnen dat elo gemaach hunn. Den Tom Wirion resuméiert dann och nach de Message vun dëser Campagne: „Am Handwierk, als Handwerker fannt Der Sënn an Ärer Aarbecht.“

D'Makers of Luxembourg sinn eng grouss Mannschaft. Do sinn 100.000 Leit dran. All Fënnefte vun de Mënschen, déi hei am Land eng Aarbecht hunn, sinn an dëser Mannschaft. „A si hunn och eng sécher Aarbechtsplaz“, seet den Tom Oberweis. „Oder kennt Dir vill Handwerker, déi am Chômage sinn; ech menge laangfristeg? Faillitte gëtt et, dat ass gewosst. Mee Dir kommt relativ schnell erëm ënner Dag.“ Meng Virriedner hu gesot, wéi vill Leit gebraucht ginn.

Dem Marc Spautz, och wann en zënter Laangem net méi am Atelier steet, säin Häerz schléit nach ëmmer fir déi Mannschaft. E Merci un hie fir dës Interpellatioun. A wéi ech e gefrot hunn: „Jo, Marc, wat wëlls de dann elo mat dëser Interpellatioun?“, sot en: „Ma et geet ëm mäi ganz Liewen“, an en huet dat mat Begeescherung gesot, „du weess dach och, wat dat heescht!“

Fir eis Gréng ass d'Handwierk e geschätzte Partner: Diskussioun, Austausch, Innovatioun. Ouni d'Handwierk keng Ëmsetzung vun de politesche Virgäbe vun der Transitioun! Ech ernimmen hei ganz dätlecht déi fréier gréng Deputéiert Gérard Anzia an Henri Kox an dësem Zesummenhang. Als mat Leif a Séil engagéiert Proffen an der Handwerkerschoul an duerno an der Politik hu si sech ëmmer fir d'Handwierk agesat an d'Diskussioun permanent gesicht, esou wéi haut och de Claude Turmes als Energieminister weess, dass e bei den Handwerker en zuverlässigen, onëmänglechen Usprichpartner huet, grad ewéi eise Logementsminister.

Wann déi Verantwortlech vum Handwierk also elo d'Entscheidung geholl hunn, selwer op eegen Initiativ d'Handwierk ze promoten, dann ass et, well d'Handwierk en dauerhafte Problem hei am Land huet: déi Unerkennung a Wäertschätzung ze kréien, déi et verdéngt huet. Meng Virriedner si schonn op de gesellschaftleche Problem, op de Mentalitéitsproblem agaang. Ech wäert dat och elo nach maachen.

Als Gesellschaft hu mir, woen ech ze soen, e gestéiert Verhältnis zum Handwierk. Mir brauchen Handwerker, mee mir „liwweren“ net, jiddefalls net genuch, woen ech ze behaapten. Jo, et ass oft en haarden Job: kierperlech schafen, dem Wieder ausgesat sinn op de Chantieren. Mee et ass ofwiesslungsräich, Aarbecht mat héich technesche Maschinnen, Aarbecht mat Autonomie a Verantwortung, a wéi schonns gesot, eng Aarbecht, déi sënnavoll ass, déi Sënn gëtt, déi een houfreg mécht, well ee Qualitéit liwwert am Déngscht vum Client. A Clienté si mir jo all!

Effektiv kennen ech de Secteur – wéi de Marc Spautz et ugeduecht a mer geäntwert huet – aus enger éischer Erfahrung als jonke Kärele, wéi ech no menger Première gepaust hunn an e gutt halleft Joer an enger Schmëdd zu Hënsdref geschafft hunn, d'Stonne vun den 19 Aarbechter ausgerechent hunn an hinnen den hallwe Mount de Virschoss an um Enn vum Mount de Rescht an der bronger Paitut mat Boergeld bei d'Dréibänk bruecht hunn. Nieft dem Abléck an d'Liewe vun den Aarbechter hunn ech mech och kënne begeeschtere fir Feinmechanik, Hydraulik, Camionskipperen, Camionskranen – eng gutt a prägend Léierzäit!

A mengem fréiere Berufsliewen, wou ech vill Mataarbechterbefrounge gemaach hunn, hunn ech dunn och Kontakt kritt: fir d'éischt emol 2004 am Banksektor, ola!, gudde Verdéngscht mat vill zousätzlechen Avantage an Congéen. Awer nuje, d'Begeescherung huet sech deemools a Grenze gehalen. An no 2008, do brauch ech Iech jo net ze soen, wéi schwierig et war, wann de Banker Leit gesicht hutt, no deem Vertrauensverloscht, dee mer no der grousser Finanzkris erlieft haten.

2012, also véier Joer duerno, hat ech dunn d'Geleeënheet, de Bausektor ënnert d'Lupp ze huelen, also en Deel vum Handwierk nëmmen. Nawell, jee no Betriber gouf et do grouss Ënnerscheeder, wat den Zefriddenheitsgrad an de Commitment ugeet, en Zeechen, dass d'Beträibskultur, de Leadership net ëmmer déi selwecht Suerg sinn an d'selwecht geflegelt ginn an dass och vun de Patronen net onbedéngt déi selwecht Kompetenz do ass.

Awer, an dat ass interessant, wat erauskomm ass: Et ass dee Secteur, wou ech den héchste Wäert gemooss hunn, wat de Commitment ugeet, also den héchste Wäert, wat d'Zougehéieregkeetsgefill ugeet. Frou sinn, Well-Being op der Aarbechtsplaz sinn am Bau Indikatoren, déi ganz gutt ofschneiden. Et ass och erauskomm an där selwechter Etüd, dass de Verdéngscht net ëmmer genial ass, a wat ee méi al ginn ass, dass ee wirklech méi midd ginn ass an d'Bereetschaft, a



Fonctioun vun den Aarbechtszäite méi oder manner Asaz ze bréngen, eng aner ass. Awer ënnert dem Stréch war méi Zefriddenheet, Wuelbefanne wéi an anere Secteuren, déi ech analyséiere konnt. Firwat hu mer och nach erausfonnt. Et war Ekippegesch, et war en Zesummenhalen, et war relativ kleng Aarbechtsekippen a gutt Cheffen ze hunn, Verantwortung ze hunn, kreativ ze sinn. Dat sinn e puer Erklärungen vun deem sektorielle Resultat.

Dass d'Handwierk net dee Stellwäert huet an eiser Gesellschaft, deem et verdéngt, ass net nei. De Problem ass bekannt. Manuell Beruffer hunn net déi Unerkennung, déi se verdéngen. Ech kann nëmmen en Appell un all Eltere maachen – do zielen ech mech dozou –, sech ze informéieren an hir Kanner ze ënnerstëtzen, wa se Interesse hunn, en Handwierk ze léieren. Vill ze vill oft gëtt an de Famille gezéckt, en Zweifel opkomme gelooss: „Ass dat eppes fir dech, do muss de vill schaffen, fréi opstoen, do hues de Schichtaarbecht.“ Mee domadder maachen ech kengem Loscht, an esou e Beruff eranzegeen. Do maachen ech kengem Loscht, wann déi Gedanken ënnerschwelleg um Familiendéisch sinn.

Wéi wär et, wa mer géife soen: Kreativitéit, eppes Sënnvolles maachen, Interessi hunn, an Ekippen ze schaffen, Verantwortung ze kréien an ze huelen, houerfreg sinn op dat, wat ee leescht? Wann um Familiendéisch déi Notiounen géifen ubruecht ginn am Zesummenhang mam Handwierk, da kéime mer e Stéck méi wäit an da kéint jiddweree sech emol vläicht och eng Berufszukunft anescht virstellen.

Well, et ass scho gesot gi vu menge Virriedner, de Wee an d'Handwierk iwwert d'Sélection par l'échec – d'Tess Burton huet elo grad nach geschwat vu senger méi rezenten Erfahrung wéi meng an der Schoul – ass deels eng Realitéit. Mee domat si mer um Holzweel! Fir mech, fir eis Gréng ass dat en No-Go. De Marc Spautz sot et, d'Schwäizer, déi Däitsch an d'Eisträicher zum Beispill maachen dee Feeler net. Am Géigendeel: Do gëtt et eng Wäertschätzung an en Houfert, Handwierker ze sinn.

Ech weess et jo ze gutt als Sozialfuerscher: De Sozialdeterminismus ass nun emol esou, dass déi gesellschaftlech Klassen a Schichte sech tendenziell selwer staark reproduzéieren. Mee wann derbäi kënnt, dass ënnerschwelleg an eise Käpp e Bild, eng Virstellung vum Handwierk ass, wat net esou positiv ass wéi Beruffer, wou ee sech net knaschteg a kierperlech net midd mécht, da gëtt et richteg komplizéiert. Well da riskéiere mer och, dass an Handwierkerfamilien ofgerode gëtt, an de Beruff vun der Mamm oder vum Papp ze goen, well dat wëssen der och vill vun eis: „Komm, géi maach net dat, wat ech gemaach hunn, maach Schoulen!“ An dat huet dann eebe geheescht, op déi manner ugesinne Schoulen ze goen oder wou ee manner Punkten am sechste Schouljoer gebraucht huet.

Ech muss och meng eege Generatioun bei der Nues huelen, an déi virdrun och. Wat hu mer vermëttelt? Wat krute mer vermëttelt? A wéi eng Orientierungshëllef hu mer hinne ginn? Ech hunn a menger Schoulzäit zu Hollerech – Primaire a Lycée waren no beieneen – ni eppes vum Handwierk an der Schoul matkritt. Ech ka mech och vläicht net méi un alles erënnere, muss ech soen. Mee keng Informatioun, keen Hiweis, obschonn do zu Hollerech, dat betounen ech wierklech, de Paul Wurth war, d'Gaswierk war do, et war niwiedrun d'Schluechthaus. Ech weess just, dass ech de Kontakt hat mam Handwierk, wann ech mäi Vëlo flécke loosse gaange si bei de Kirchens Jäng an der Hollerecher Strooss. An dee Mann huet jiddweree vu senger Clienten, vu deene jonken, mat an den Atelier geholl, fir ze weisen an em eppes kënne bäizebréngen, fir dass e selwer kéint eens ginn.

Mee dat selwecht war och esou fir meng dräi Kanner – haut tëscht 27 a 34 Joer al: De Wee ass implizit virgezechent, wann ee bis an engem classesche Lycée ass, an duerno ass d'Oriëntatioun just déi op d'Uni, wou s de dann higees, wann s de Lycée gemaach hues. Néierens Informatioun – d'Tess Burton huet et och elo gesot –, néierens Passerellen, eng Bréck, fir en Handwierk ze léieren, ausser vläicht, wann een op deenen ënneschte Klassen dann net esou gutt matkënn.

D'Selektioun vun der Filière no der Primärschoul gëtt gemaach oder gouf gemaach op Basis vu Schouleresultater an der Grondschoul/Primärschoul, a wann déi net schlecht waren, da krus de keng Alternativ ugebueden, da sinn d'Elteren emol net drop higewise ginn, dass d'Handwierk eng flott Pist wier. Dat ass de Mainstream. Et gëtt warscheinlech Ausname beim Léierpersonal, mee ech fäerten, dass et méi Ausname sinn, wéi dass et den Duerchschnitt ass.

Mee loosse mer éierlech sinn: Mir hunn eng Selektivitéit verënnerecht am System aux dépens vum Handwierk, engem Secteur, wou Leit gebraucht gi mat ënnerschiddleche Fäegkeeten an och Verantwortungsniveaun. Alles gëtt do gebraucht, vum Gesell bis zum Meeschter, zum Techniker, zum Chef d'équipe, zum Patron.

Wann ech zrëckdenken u meng Berufszäit, da soen ech mer, dass ech am Fong gären en Handwierk geléiert hätt oder eventuell e Gesondheetsberuff. Mee et huet awer ni ee mech op d'Schinn bruecht an et gouf och keng Weich a mengem Schoulparcours, déi mech op esou eng Schinn gefouert hätt, déi mer dat erlaabt hätt, obschonn meng Lycéeskarriär, muss ech awer soen, och net ëmmer ganz glat verlaf war.

Wann ech bedenken, dass mer e Schoulwiesen hunn, wou et kaum eng Bréck gëtt vum Lycée classique a général zum Handwierk, wann ech kucken – en anere Punkt, deem awer elo nach net ugedéit ginn ass vu menge Virriedner – wéi vill Schüler hei zu Lëtzebuerg an international Schoule ginn, ISL, Europaschoul, Vauban, wou déi Jugendlech vun der Grondschoul bis zum Lycée ageschoult sinn a kaum bis guer net d'Chance kréien, eppes gewuer ze ginn iwwer eng méiglech Berufskarriär hei am Handwierk, dat heescht vun engem ganze Wirtschaftszweig quasi näischt matkréien: Dat beonrouegt mech!

Mir hunn hei kloer Nohuelbedarf, wat d'Informatioun an d'Oriëntatioun vun Elteren a Jugendlechen ugeet a mir mussen derfir suergen, dass all d'Schülerinnen an Schüler vun Ufank un d'Méiglechkeeten, déi hinnen d'Beruffswelt an den Aarbechtsmaart bidden, nobruecht kréien. Dat si mer alle Jonke schëlleg, egal a wéi enger Schoul se sinn: eng Lëtzeburger, eng international, eng privat, all!

A mir sinn dem Handwierk et schëlleg, well doduerch, dass mer Schoulen hunn, wou eng gewësse Selektivitéit ass, kann d'Handwierk och net op de ganze Reservoir vun de Schüler a vun talentéierte Mënschen zrëckgräifen, déi hei am Land an der Ausbildung stinn.

Dat ass och besonnesch relevant, wann ee bedenkt, wat fir eng wichteg Roll d'Handwerksberuffer am Klimaschutz am Allgemengen a bei der Energieeffizienz am Besonnesche spillen. Vill Jonker wëllen net just fir de Klima op d'Strooss goen, si wëllen och selwer eng Hand mat upaken. Eng Handwierkerausbildung kann engem Jonke genau dësen Dram erfüllen, virausgesat hien oder hatt kritt zur richteger Zäit déi néideg Orientierung an Hëllefstellung.

An eiser Verfassung am Kapitel iwwert d'Grondrechter, wou mer gëschter den éischte Vott haten, do steet d'Recht op Schoul, op Educatioun fir jiddwereen dran, awer leider steet kee Recht dran op eng ausféierlech Berufsorientatioun.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dir hätt et jo kënne draschreien. Dir sidd jo Corapporteur, firwat hutt Der et dann net drageschriwwen?

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, hat Dir d'Wuert?

(Hilarité)

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Nee, Här President. Däerf ech eng Fro stellen, Här President?

**M. Fernand Etgen**, Président | Dir däerft, Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech soen Iech villmools Merci. Ech wollt den Här Margue just froen, firwat en dat dann net drageschriwwen huet. En ass Corapporteur. Haut steet en do ze bedauern, wat e gëschter gemaach huet. Duerfir hunn ech geduecht, ech ginn dem Här Margue d'Geleeënheet ze erklären, firwat en dat gëschter net gemaach huet, wat en haut bedauert. Merci, Här President.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Den Här President hat Iech gesot, Dir kënnt eng Fro stellen. Ech hat awer geduecht, ech géif Iech déi Méiglechkeet elo net ginn.

(Hilarité)

**Une voix** | Dat ass och eng Äntwert.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Dat heescht, et war keng schlecht Fro.

(Hilarité)

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Ech schwätze léiwer mat de Kolleegen a Kolleginnen hei ronderëm a mam Minister, deem eng Partie Notizen hëlt a wou ech frou sinn, eng Partie Äntworten ze kréien op déi Bemierkungen, déi ech gemaach hunn. A vläicht kënne mer dann och an enger nächster Verfassungsrevisioun d'Berufsorientierung aschreien, wann hien dat och esou gesäit an nach anerer heibannen.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Well et gëtt jo véier Leit, op déi een net kann hei zielen, wann een eng Verfassung wëllt reforméieren.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Kommt, mir maachen elo mol déi Aarbecht, déi mer eis elo virgeholl hunn. An dat anert, dat ass da fir déi nächst 15 Joer.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Voilà! Ech hunn elo zwou Minutten erëm.

Et gëtt eng Foire de l'étudiant, fir déi d'Schüler fräi kréien an encouragéiert ginn hinzugeen. Firwat gëtt et keng Foire fir d'Handwierk oder vum Handwierk, wou all d'Schüler kéinten higoen an encouragéiert géife ginn hinzugeen? De Claude Lamberty huet eng Pist opgewisen. Dir wäert dozou eppes soen, Här Minister. Bis ewell gëtt et dat net. Ech hoffen dann, dass meng Bemierkung hei vläicht herno eng positiv Äntwert relativ schnell ...

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech hunn et allerdéngs an enger Interventioun hei an dësem Haus schonn eng Kéier erkläert.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Pardon!

(Hilarité)

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Et ass keng Nouvelle, déi esou top secret ass, wollt ech just soen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Här Margue, et ass net Ären Dag.

(Hilarité générale)

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Ech bidden Iech, Här President!



**M. Marc Spautz** (CSV), interpellateur | Här Margue, loosst Iech net aus der Rou bréngen!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Nee! Nee, nee.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Gitt Dir emol bei de Coiffer!

(Hilarité)

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Här President, ech bieden Iech. Eng aner brauchbar Iddi wier eng Filière Handwierk am Enseignement général – ausser ech hunn déi och verpasst, dass déi schonn ugekënnegt ginn ass –, wou een dann och iwwert dee Wee a mat deene Kompetenzen op eng Fachhéichschoul goen oder eng Meeschterprüfung ugoe kann. Mir hu jo och Konscht- oder Museksfiliären an eise Lycéesprogramm.

Et geet net drëms, eng Filière géint déi aner oder Secteure géinteneen auszuspielen. Jidderee brauch hei am Land Leit an dréngend gutt ausgebildete motivéiert Leit. Nee, et geet drëms, de jonke Mënschen ze weisen, wat fir Beruffer et gëtt, an hinne Loscht ze maachen, sech fir dësen oder deen ze motivéieren an ze entscheeden. An ech insistéieren: „Loscht ze maachen“ op e Beruff, well dat ass déi bescht Motivatioun, an net gesot ze kréien: „Géi dohinner, well do hues de eng sécher!“ Bon, beim Handwierk kann een en plus fir de Moment nach soen: „Do hues de eng sécher.“

D'Handwierk bitt Beruffer, mat deenen ee sech ka realiséieren a souguer identifizéieren. D'Betriber si bereet, Schouklasse ze empfänken an deene Jonken hir Atelier ze weisen, fir dass se op der Plaz mat Handwierker kéinten diskutéieren an d'Aarbecht gewise kréichen. Et gëtt awer a mengen Aen net genuch Initiativen an där Hinsicht.

D'Handwierk brauch vill Leit an Zukunft. Vill vun den aktuell Beschäftegte wäerten hir wuelverdéngt Pensionen huelen. Den demografesche Problem an den Transmissionsproblem si behandelt ginn.

Ech maachen, wéi gesot, e waarme Plädoyer, fir Brécken opzebauen, fir an d'Handwierkerausbildung eranzekomme während de Lycéesjoren, awer och fir Quereinsteiger et méi einfach ze maachen, an d'Handwierker eranzekommen op Basis vun eventuellen anere Studien, déi se virdru gemaach hunn, oder enger anerer Berufserfahrung, déi se hunn. Wat mer am Enseignement méiglech gemaach hunn, solle mer och fir d'Handwierk envisagéieren.

De Phänomeen vun den Aussteiger an domat dee vun de Quereinsteiger bei de Generatiounen de „young professionals“ gëtt et och hei am Land. Mir sollen dëse motivéierte Leit dëst net onnéideg komplizéiert maachen oder se betruuchten, wéi wa se bis elo versot hätten oder Losere wieren. Nee, de Géigendeel ass de Fall a mengen Aen: Dës Leit sinn oft gedriwwen vum Entrepreneursgeescht, dee mer jo och wëllen ënnerstëtzen.

Ech wëll awer och hei op déi Leit opmierksam maachen, déi gezwonge bei ons kommen an Asyl ufroen. Mir mussen deene Leit eng Perspektiv ginn. Den Aarbechtsmarché – an domat och méiglech Berufschancen am Artisanat – ass hei e wichtege Aspekt. Mir mussen derfir suergen, dass mer deene Leit esou séier wéi méiglech déi Kloerheet kënnen ginn, déi se brauchen, fir hiert Liewen ze orientéieren. Wa mer dat hi kréien, dann ass et e Win-win fir si, fir d'Ekonomie en général a fir d'Handwierk am Speziellen.

Ech erlaube mer e waarmen Opuerf vum déi Responsabel aus der Immigration, wann et ëm d'Ängst geet, déi nach keen definitive Statut hunn. Et geet ëm 125 Leit ongeféier. Et gëtt keen Zréck méi fir si, net kuerz- an net mëttelfristeg. Kommt, mir loosse dës Mënschen

op eisen Aarbechtsmaart. Kommt, mir ginn all dës Persounen – Quereinsteiger, Demandeurs d'asile – eng fair Chance, op den Aarbechtsmaart ze goen! Aus der Europäescher Wäertestudie geet nämlech ervir, dass, wann s de eng Aarbecht hues, da bass de een, da gehéiers de derzou an der Gesellschaft. Anescht geduecht: Hues de keng Aarbecht, da bass de um Rand an da bleifs de um Rand vun der Gesellschaft.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Här Margue, Dir musst zur Konklusioun kommen.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Ech hunn op d'mannst zwou Minutte verluer.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dir hutt Der schonn dräi kritt.

(Hilarité générale)

Wéi gesot, et ass haut net Ären Dag.

(Hilarité)

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Et huet e gewëssenen Ennerhaltungswäert.

Ech hunn nämlech mat Vertrieeder vum Handwierk geschwat déi lescht Wochen. Si si bereet, dës Mënschen d'Hand ze reechen an de Bildungseffort ze maachen, mat der ADEM zesummen. Si brauchen och dës Leit an hire Betriber.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Et heescht also, all Hiewelen unzesetzen, déi nëmme méiglech sinn: d'Formation initiale, d>Weiderbildung an – et ass nach net esou vill ugeschwat ginn – den zweete Bildungswee. Hei wëll ech och onbedéngt déi wichteg Roll vun der École nationale pour adultes ervirhiewen – wat mer soss genannt hunn: „d'Schoul vun der zweeter Chance“, an deen Numm war a mengen Ae méi kloer –, well do ginn nämlech och mat Erfolleg Berufsausbildungen ugebueden an iwwer Classe-d'accueil gëtt de Leit d'Méiglechkeet ginn, Franséisch a Lëtzebuergesch ze léieren, wat se brauchen, fir um Aarbechtsmaart eng Chance ze hunn.

En anere Punkt, Här President: D'Handwierk ass eng Integrationsmaschinn. An dës Betriber schaffen all Dag Leit vun allméiglechen Nationalitéiten. D'Statistike si bekannt. Dat heescht net, dass an all Betrib ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Här Margue, et sinn elo véier an eng hallef Minutten. A wa mer dat do zur Reegel maachen, dann ... Gutt. Kommt zur Konklusioun, wannechgeift!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Voilà. Ech kommen op dee leschte Punkt. Een anere wonne Punkt erlaben ech mer unzeschwätzen, anere ass dee vun der Konkurrenz vum öffentleche Secteur. Déi Fro, déi am Raum steet, ass, ob net déi Betriber, déi Jonker ausgebildete hunn an déi no kuerzer Zäit, no manner wéi engem, zwee Joer an den öffentleche Secteur verléieren, un d'Gemengen ..., ob een do net soll driwwer nodenken, deenen eng Ausbildungsprimm zréckbezuolen, well si hu sech abruucht, si hunn investéiert an d'Personal, wat hei am Land och am Déngscht vum öffentleche Secteur eng gutt Aarbecht leescht. Mee d'Ausbildungskäschte louchen deemools am Betrib. Voilà!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Voilà! Dat war eng gutt Konklusioun, Här Margue. Merci villmools. Et deet mer leed, dass ech Iech muss esou ënnerbriechen, mee e President muss och gerecht sinn.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Et gëtt kee méi gerechte President.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Merci dem Här Margue och fir d'Versteesdemech. Ech hätt scho bal fir d'Éischte Kéier dee magesche Knäppchen hei betäteg.

An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. An och merci dem Här Spautz fir d'Initiativ fir dës Debatt an och all Respekt fir dee fervente Plädoyer, deen hien hei gehalen huet fir d'Handwierk.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Et ass viles gesot ginn. Ech probéieren, net alles dat ze widerhuelen. Jo, am Handwierk schaffen 100.000 Leit. Dovunner sinn awer och hautzudaags 50 % Frontalieren. A vun deenen 100.000 Leit, déi am Handwierk schaffen, sinn der nach manner wéi 15 % Lëtzebuerger. Dat ass schonn impressionnant.

Et feelen aktuell, wann een de Betriber an de Federatiounen nolauschert, 10.000 Handwierker. An do weist sech och schonn e bëssen, ëm wat et geet: D'Lëtzebuerger schéngen net wierklech interesséiert ze sinn um Handwierk. An natierlech feelt et duerch eisen onkontrolléierte staarke Wuesstum un Aarbechtskräften a mir kënnen déi eeben (veuillez lire: a mir kënnen déi oppe Plazen eeben) och net allegueren hei am Land besetzen.

Ech mengen, dee Wuesstum ass esou staark, dass mer net genuch Leit fannen. D'Grenzgebitt ass quasi ofgegraast. A wéi scho virdru an där anerer Ried gesot, wäert dat doten natierlech schnuerstracks a Richtung eng Millioun Awunner nach esou weidergoen. Mir hunn iwwerall e Manktem, e Mangel, an esou och zum Beispill ... Mir schwätzen hei iwwert d'Handwierker, mee dat selwecht zielt jo och fir aner Berufssparten: Polizisten, Léierpersonal – dovun schwätze mer oft hei –, Richter, Dokter, Pompjeeën, Infirmiären, Zaldoten et cetera et cetera, an eeben och Handwierker. An ech mengen, do ass dat Grundsätzlecht, wou vläicht eng Kéier en Émdenke misst kommen, fir aus där Wuesstumsspiral eng Kéier erauszefannen.

Fir e bëssen an den Detail ze goen, jo, d'Bild vum Handwierk ass vläicht net méi dat selwecht wat et eng Kéier war. Effektiv, wann ee vläicht och zréckdenkt u fréier, un d'ARBED, dat war eppes anescht. Do musst Der awer och soen, do sinn deemools awer och aner Paie bezuelt ginn. Wann ech richtig verstanen hunn, huet een deemools op der ARBED als Aarbechter esou vill verdéngt wéi beim Staat als Schoulmeeschter. An ech mengen, do si mer haut trotzdeem wäit ewech, quitte dass nach ëmmer a verschidde Handwerksberuffer och ganz gutt Geld ze verdéngen ass, an dat misst een och da vläicht deene Jonke soen.

Ech hunn natierlech och jorelaang bei der Berufsausbildung a Lycée geschaffet. Ech krut dat alles mat. An ech hunn de Schéiler natierlech och nogelauschert. Si soen dat natierlech. Si soen: „Jo, Handwierk, jo, mee dat ass de Secteur vum Mindestloun, de Secteur vun den Ausländer.“ An dat ass fir si, an hirer Siicht eeben net wierklech attraktiv a vill wëllen der dann natierlech iergendwann an den öffentleche Secteur wiessele, quitte dass se och do da vläicht als Handwierker schaffen.

Et sinn der vill, déi da soen ..., wa mer wéineg Schüler op verschidde Sektoren haten, hunn déi, déi nach do waren, wa se bis am leschte Joer waren, gesot: „Jo, mee ech ginn awer gären an een, zwee Joer Buschauffeur“, oder wat och ëmmer. An dat ass eppes, wat schued ass, wa grad och nach déi puer Leit, déi en Handwierk léieren, dat duerno net ausüben.

De Problem ass natierlech de Solaire, wéi gesot. Dat muss een éierlecherweis soen. De Problem ass och, dass vill Schüler, an dat ass och eng Realitéit, einfach och net wëllen an de Privatesektor goen. Dat huet ganz verschidde Grënn. Mee zum Beispill hunn och ganz vill Schüler gesot: „Jo, mee da muss ech do mat



Leit schaffen, déi ech net kennen, déi just Franséisch schwätzen.“ Dat ass d'Realitéit um Terrain!

An da sinn natierlech ganz vill falsch Virstellungen, déi do eng Roll spillen, déi och schonn hei genannt gi sinn.

Wat kann ee maachen, fir d'Handwerk erëm méi interessant ze maachen? Dat ass eeben déi grouss Fro! Well an de Lycéén, do gëtt dat flott gemaach, do si mer, wéi et gesot ginn ass, innovativ a mir hunn Hightech. An et ass wierklech impressionnant, wéi verschidde Fächer mat modernster Technik do ënnerriicht ginn. An dat soll een am Fong no baussen och weisen.

An allgemeng, dat zielt elo net nëmme fir d'Beruffsausbildung, mee allgemeng sollte mer eis Schoul allégueren dobaussen als eppes Guddes duerstellen. An ech muss awer beobachten, dass déi lescht Joren eis Lëtzeburger Schoul mat allem Drum und Dran oft negativ, en negatiivt Bild vun hir no bausse gewise gëtt, net vun der Schoul selwer, mee ënner anerem och vu verschidde politeschen Acteuren, wat schued ass, well do gëtt eng gutt Aarbecht gemaach.

Et sinn also wéineg Leit, déi an d'Beruffsausbildung ginn. Ech hunn hei Zuelen, déi bis elo nach net genannt gi sinn – da kënnt also eppes Neies –, an déi si fir mech awer trotzdeem schockant. An ech hunn do zwee ganz interessant Beruffer erausgewielt. Dat ass dann d'Promotioun 2020, do hu mer bei der Ausbildung 5 Metzler, déi fäerdeg gi sinn am DAP a 4 am CCP, also 9. A bei de Bäcker sinn et der 5. Also pro Joer hu mer dann eng Ausbildung vun 9 Metzler a 5 Bäcker. A wann een dann nach bedenkt, dass warscheinlech d'Hallschent dovun duerno iergenden anere Beruff wäert maachen – well déi Chance ass grouss –, da froen ech mech zwar och e bëssen, wou eist Fleesch an iwwerhaupt eist Brout an alles nach soll hierkommen. Dat si wierklech dach schockant Zuelen!

Et ass gesot ginn: „net lukrativ“. Jo, ech kennen och e Metzler, dee schafft fir e groussen Betrib, dee kritt mat 30 Joer nach ëmmer de Mindestloun. Dat ass leider oft d'Realitéit. Ech kennen awer och en aneren, deen huet gewiesselt an dee kritt elo däitlech méi. Och dat gëtt et. Mee et ass eeben trotzdeem ëmmer dat schlecht Bild, wat do ass: dass do wéineg verdéngt gëtt.

Eng ganz Partie konkret Moosnamen deele mer dann och, wéi déi betreffend d'geografesch Verdeelung, déi net ideal ass. Ech hat a mengem Lycée zu Esch Schüler, déi vun Eschweiler komm sinn, ech hat der, déi si moies mam Zuch vu Wolz op Esch komm, fir hir Ausbildung ze maachen, well se déi a kengem anere Lycée konnte maachen. All Respekt fir déi Schüler, mee et ass scho verständlech, dass net jiddwereen dee wäite Wee do hin an zrëck op sech hëlt.

Orientéierung, jo, dat ass ëmmer einfach gesot! Ech muss awer och hei soen, dat hunn och d'Virriedner scho gesot, do gëtt scho vill gemaach, mee dat hänkt eebe ganz oft un den Elteren. Ech ginn Iech zwee Beispiller hei. Ech ka mech ëmmer un e Schüler erënnere, deen onbedéngt wollt Coiffer ginn, a säi Papp huet em dat verbueden, well en zu em gesot huet: „Dat ass e Fraleitsberuff an e Mann gëtt net Coiffer.“ Voilà, de Jong ass duinn net Coiffer ginn. An dat ass zum Beispill eppes, wat schued ass. Dat kënnt méi oft vir, wéi ee mengt. An dann natierlech dat typescht Beispill vun den Elteren, déi selwer am Handwerk, um Bau schaffen a mat alle Mëttele probéieren, hiert Kand op en „agreabelen“, wéi si dat da gesinn, Bürosjob ze kréien, wou se dann do déi ganzen Zäit hänken – an hiren Aen – a wou een dann net vill muss maachen a vill verdéngt.

Ech weess och net, wéi een dat aus de Käpp erauskritt, dat ass eppes ganz, ganz, ganz Schwéieres.

E puer konkret Léisungsvirschléi: Jo, d'Geld, d'Geld spillt, mengen ech, déi gréisste Roll. Dat heescht, et ass natierlech dann och esou, dass déi Paien, déi am Handwerk bezuelt ginn, misste méi héich sinn, och wann et natierlech positiv Beispiller gëtt an der och do hiert Geld maachen. Beispillsweis an Däitschland, wat jo och e puermol hei als Virbild genannt ginn ass, do verdéngen d'Handwerker am Verglach relativ vill par rapport zu Lëtzebuerg. Dann eise Schoulsystem mat Beruffsausbildung positiv duerstellen, de Meeschterbréif an dat Ganzt ronderëm opwäerten, d'Handwerk positiv duerstelle bei Kanner an Elteren, do si mer eis allegueren eens, an d'Betriben ënnerstëtzen, fir méi Léierbouwen a Léiermeedercher anzestellen.

An deem Kontext hunn ech och eng Motioun matbruecht. Ech wëll awer direkt soen, mir mussen elo net drop halen, dass déi Motioun elo haut nach ofgestëmmt gëtt, dat kënne mer och gär eng aner Kéier maachen. Mee déi geet e bëssen an déi Richtung. Et huet mech immens gefreet – ech weess net, ob den Här Margue déi Motioun scho geleakt krut –, mee den Här Margue, deen huet am Fong genee dat gefuerdert, wat mir och an eiser Motioun drastoen hunn. An zwar geet et effektiv ëm de Problem vu Kanner, Jonken, déi eng Léier an engem Betrib maachen, a soubal se déi Léier fäerdeg hunn, bleiwe se net am Betrib, mee wiesselen dann op eng Gemeng oder bei de Staat oder wéi och ëmmer.

(Interruption)

Ma da passt emol op: Do géife mer also virschloen, dass mer op e gewëssene Level-Playingfield kommen an dass mer géifen eng Indemnisation virgesinn, wann esou Schüler, déi grad den Diplom kruten, no manner wéi dräi Joer de Betrib a Richtung ëffentleche Secteur verloossen, dass de Staat da géif dee Betrib op eng gewëssen Aart a Weis finanziell entschiedegen.

**Motion 1**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

– de Staat bei senger Aufgab, fir déi jonk Generatiounen auszubilden, traditionell op eng staark Ënnerstëtzung duerch d'Privatbetreiber zeréckgräife kann;

– dësen dualen Ausbildungsmodell eise jonke Leit säit Joerzéngten eng héich Qualifikatioun an e stabilt Fundament fir hire Start an d'Beruffsliewe bitt,

*ass sech bewusst, datt*

– de Staat an d'Gemengen dacks iwwer aner Méiglechkeete verfuegen, fir jonke Leit attraktiv Aarbechtskonditiounen ze bidden, wéi kleng Privatbetreiber;

– an deem Sënn während de leschte Joren en Ongläichgewicht tëschent dem Staat an de Gemengen op där enger an de Privatpatronen op där anerer Säit entstanen ass, well jonk Leit oft kuerz no hirer Ausbildung vum privaten an den ëffentleche Secteur wiesselen,

*fuerdert d'Regierung op,*

– bei der Konkurrenz mat de private Betriben op de „Level-Playingfield“ opzepasst an e Gesetzesprojet op de Wee ze bréngen, fir Privatbetreiber ze indemniséieren, wa Leit, déi si selwer ausgebild hunn, während manner wéi dräi Joer nom Enn vun hirer Ausbildung an den ëffentleche Secteur wiesselen.

(s.) Fred Keup.

Voilà. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Da gitt mer wannechgelift Är Motioun.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, hei ass se. Merci, Här President.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. An d'Rei ass elo un der Madamm Myriam Cecchetti. Dir hutt d'Wuert, Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, all Zuelen deite leider drop hin, datt d'Beruffsausbildung de wonne Punkt vun eise Schoulsystem ass. Do gesäit een d'Défaillance vum ëffentleche Bildungsoptag, dee jo eigentlech jiddwereengem, an am beschte mat enger Bottom-up-Approche, dozou verhëllef soll, spéiderhin eng anstänneg Aarbecht ze fannen an autonom a selbstbewusst duerch d'Liewen ze kommen. Mee gutt, d'Realitéit ass leider awer eng aner.

Der Etüd „Transition École – Vie active“ (TEVA) no lande 15 % vun de Jonken, déi hir Ausbildung am Beräich vun der Formation professionnelle ofgeschloss hunn, am Chômage oder hängen ouni Aarbecht an der Landschaft. 46 % kréien zwar en direkten Zougang zu enger Aarbecht an engem festen Aarbechtskontrakt a vun deene sinn et der da 66 %, déi en DAP ofgeschloss hunn. Awer nach laang net all Ausbildung am Kader vun engem DAP stéisst op eng Demande um Aarbechtsmaart. Et si virun allem Mechatroniker, Heizungsinstallateuren, Daachdecker, Charpentieren a Ferblantieren, souwuel männlecher wéi weiblecher, déi gesicht a gebraucht ginn.

Den DAP ass d'Tëschestatioun am Parcours vun der Beruffsausbildung, eppes um hallwe Wee tëscht der Basisberuffsausbildung CCP an dem Technikerdiplom. Den DAP erlaabt et engem Jonken, als qualifizéierte Salarié unerkannt ze ginn. Mee verschidde Facteurs weisen drop hin, datt bei der Formatioun am Kader vum DAP eppes kromm ass: Eng grouss Majoritéit vun de Schüler an der Beruffsausbildung schléisst den DAP of. Déi fannen och éischer eng Aarbecht. Gläichzäiteg ass awer de fréizäitege Schoulofbroch an deem Parcours am héchsten. Am Schouljoer 2019/2020 louch den Taux de décrochage am DAP bei 21,50 %, am CCP waren et just 4,43 %. An dat Verhältnis ass scho säit 2016 änlech, et ass also näischt Neies.

Här President, am Parcours vun der Beruffsausbildung ass d'Reussite am Allgemengen och net virprogramméiert. Déi neist Statistike weisen, datt vun insgesamt 4.142 Diploméierten aus der Formation professionnelle 89 % redoubléiert hunn. Just 11 % sinn ni sëtzeblivwen. Et ass also net esou evident, nei Aarbechtskräfte fir d'Handwerksbetreiber kënnenerbäizekréien.

De Bildungsminister misst sech mam Aarbechtsminister un en Dësch setze fir ze klären, wat fir Ausbildungen iwwerhaupt nach en Zweck erfüllen, wann um Aarbechtsmaart keng Plazen dofir fräi sinn. Als Rappel: Just 46 % kréien direkt eng Aarbecht, de facto bleiwen da 54 % op der Streck!

Anerersäits kann de Staat awer och Beruffsméiglechkeeten am Beräich vum Handwerk schaffen. D'Chambre des Métiers huet d'lescht Joer eng grouss Campagne fir d'Handwerk lancéiert. Et ass och schonn hei ernimmt ginn: Makers of Luxembourg. Si inspiréiere sech domat un enger Beweegung, déi hir Originen an de 70er-Joren an Amerika huet. Makerspaces entstinn aus der Initiativ vun der Solidarwirtschaft, mee och aus dem Startupbusiness eraus.

Hei geet et drëms, an engem kollektive Kader, deen d'traditionellt Handwerk a modern Technologie matenee verbënnt, kreativ ze wirkelen. Dem Här Minister seng héich gelueft Kompetenz vu 21. Joerhonnert kommen hei brillant an den Asaz. An deem Kader stéisst een dann och op Beispiller vun héich Diploméierten, déi sech berufflech ëmorientéiere wëllen a



sech fir en Handwierk interesséieren a spéiderhin als Auto-entrepreneur hir Servicier iwwer digital Plattformen ubidden. An dat ka vu Reparatiounsarbechten iwwert d'Kache bis hin zum Hoerschneide goen.

Dat gëtt och am Pilotprojet vum Lycée Ermesinde erprouft. Jonker ginn hei gefuerdert, hir Projeten am Kader vu Micro-entreprisen ze entwéckelen. Firwat net! Falls dat sech bewäert, wier et keng schlecht Iddi, de Schüler aus der Berufsausbildung dee selwechte pedagogesche Kader ze bidden. Oder hu si dat net verdéngt? Op alle Fall stellt sech d'Fro, firwat d'Formation professionnelle nach net vun deem Hype do profitéiert.

D'Äntwert kéint sinn – ech soen, se „kéint sinn“ –, dass dës Formatioun als mannerwäerteg ugesi gëtt. Firwat? Ma well de Gros vun dëse Schüler/innen, déi dës Formatioun matmaachen, gréisstendeels an hirer schoulescher Lafbunn erofkategoriséiert gi sinn. Dat gouf och schonn hei ernimmt.

Här President, den Iwwergang vun der Neuvième an de Régime professionnel, besonnesch am Modulaire, verleeft katastrophal. Obwuel héich motivéiert Enseignanten dru schaffen, gëtt duerch de System, deen eeben esou ass, wéi en ass, gekuckt, d'Schüler duerchzekréien, amplaz all Moyenen ëmzesetzen, fir hir Lacunnen opzefüllen. Déi Lacunnen droe si awer leider scho ganz laang mat sech erëm an déi accumuléiere sech, bis déi jonk Leit iergendwann d'Flemm kréien an dann einfach d'Schoul fale loossen, Decrocheure ginn. An dat geet schonn am Fondamental am Cycle 3 un, wéi et an enger Rei vu wëssenschaftleche Berichter erwänt gëtt, notament och an den Épreuves standardisées an am Bildungsbericht.

Beim Iwwergang vum Enseignement fondamental an de Secondaire hu sech schonn eng ganz Rëtsch Léierschwieregkeeten accumuléiert. Vill ze ville Schüler hir Orientéierung an d'Formation professionnelle geschitt par défaut an opgrond vu sozialen Ausschlusskriterien.

déi Lénk si sech sécher, dass et nëmme dann zu enger Opwäertung vun der Formation professionnelle ka kommen, wann d'Schüler/innen d'Fäegkeet kréien, fir sech bewusst an déi Formatiounsschinn ze orientéieren. Dofir hunn déi Lénk och schonn ëmmer op d'Aféierung vum Tronc commun am Enseignement fondamental gepocht.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Den Tronc commun baséiert op enger polyvalenter Ausbildung bis zum Schoufflichtalter. D'Zil vum Enseignement am Kader vum Tronc commun ass et, de Schüler hire Léierhythmus ze respektéieren an déi néideg Mëttelen anzesetzen, fir och déi Schwächsten ënner hinnen op e gemeinsamen Niveau mat deene Stärksten ze bréngen. Schlussendlech geet et jo hei drëms, hinnen dat néidegt Wësse fir hir Selbstbestëmmung ze vermëttelen. Dat bedeit, dass mer dréngend eng Refondatioun vun eisem nationale Bildungssystem brauchen.

Här President, dass ass den Ausgangspunkt fir eng generell gesellschaftlech Opwäertung vun der Formation professionnelle. Vun do aus kann ee sech seriö Gedanken maachen iwwert d'Organisatioun vun der professioneller Ausbildung an déi Beruffer, déi a Fro kommen, fir deem Ganzen och eng laangfristeg Perspektiv an de Léierbouwen a Léiermeedercher och vu viraan eng Aarbechtsgarantie kënnen ze garantéieren.

Ech kommen zum Schluss nach op en aneren Aspekt ze schwätzen. D'Formation professionnelle spigelt net nëmme sozial Ongerechtegkeeten erëm, mee och d'Verankerung vun den Genderstereotypen, wann een d'Representativitéit vu Männer a Fraen innerhalb vun

deene verschidde Beruffer kuckt. An der Formation professionnelle maachen d'Meedercher méi gezielt eng Ausbildung als Coiffeuse oder Aide-soignante, d'Jonge maachen éischter eng Léier als Autosmecanicien. Vläch kann d'Ministesch fir Chancëgläichheet nach méi verstärkt dru schaffen, d'Meedercher an d'Jongen fir deen een oder anere fir si éischter ontypesche Beruff ze begeeschten. Ech weess, dass gëtt scho gemaach, mee anscheinend nach net genuch.

Mee och hei ginn d'Fundamenter scho ganz fréi geluecht. Och hei gëllt et, an eise Schoulen de Schüler/innen vill verschiddeartaarteg Liewensmodeller a Liewensprojeten an de Bicher, an de Coursen an an der Realitéit ze presentéieren.

Merci fir d'Nolauschtenen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. A souwäit ech gesinn ass, dee leschten ageschriwene Riedner den Här Sven Clement. An hien huet elo direkt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, et ass mer ëmmer eng Freed, dem Marc Spautz Merci ze soen, fir Interpellatiounen oder Heure-d'actualitéen ungefroet ze hunn, well d'Theeme si meeschtens ganz pertinent. An hei huet en u sech erëm eng ganz pertinent Fro op den Ordre du jour gesat, an dat ass déi vun der Formation professionnelle a virun allem déi an den Handwerksberuffer. Déi praktesch Ausbildungen am Beräich vum Handwierk si bekanntlecherweis e ganz wichtige Piler an eisem Ausbildungswiesen, mee leider, an dat ass e bësse meng Konkusioun vun den Owend, kënn deenen Ausbildungen net ëmmer déi Valeur, déi Unerkennung zou, déi se u sech verdéngt hätten.

Eise Schoulssystem ass esou opgebaut, dass d'Schülerinnen an d'Schüler aus dem Secondaire classique just seele proposéiert, iwwerhaupt emol proposéiert kréien, enger handwierklecher Tätigkeet nozegoen, während gläichzäitig d'Schülerinnen an d'Schüler aus dem Technique quasi gedrängt ginn, e Beruff ze léieren, well hinnen oft net zougetraut gëtt, dass se no enger Première dann och nach op d'Uni kënnen goen. Also, et si Stereotypen, déi ëmmer nach vehiculéiert ginn an déi einfach um Terrain net méi stëmmen!

Mir hu ganz gutt Schülerinnen a Schüler, déi op enger Première um Secondaire technique sinn – „Secondaire général“ mëttlerweil –, déi op enger Uni immens opbléien. A mir hunn op där anerer Säit Schülerinnen a Schüler, déi eng Première classique maachen, deelweis am klassesthe Modus, deen et nëmme gëtt, eventuell och nach Latäin gewielt hunn, an da besser am Handwierk opgehewe sinn, well se u sech mierken, dass se léiwer mat hiren Hänn wëlle schaffen.

An dat muss een dann och soen, d'Handwierk, do soe mir ëmmer, dass wier mat den Hänn schaffen, mee dat ass haut och net méi wierklech wouer. Am Handwierk brauche mer héich spezialiséiert Leit. Mir brauche Leit am Handwierk, déi net nëmme mat den Hänn schaffen kënnen, am Sënn vun: „Ech sinn Informatiker, et deet mer leed, e Kabel ze zéien ...“, mee déi et och fäerdigbréngen, vläch dee Roboter ze programméieren, deen ze debuggen, derfir ze suergen, dass en erëm geet, wann en eng Faille huet. An dat ass, mengen ech, an allen Handwerksberuffer e bësse de Fall. Dass d'Wiel vum Beruff den Interesse vun de Schülerinnen a Schüler entspreche muss an net duerch d'Orientéierung an de Lycée mat zwielef Joer bestëmmt sollt ginn, schéngt also relativ kloer.

Ech weess, dass och d'Regierungsparteien dëser Meinung sinn an dass zum Beispill mat der Maison

de l'orientation jo schonn dru geschafft gouf, d'Handwerksberuffer u jiddereen erunzebréngen, deen also Interesse huet. Mee et bleift awer leider trotzdem nach ëmmer eng Seelenheet, dass Schülerinnen a Schüler aus dem Secondaire classique sech fir den Handwerksberuff géifen entscheeden, obwuel et sécher net un Interesséierte mangelt. An et ass jo och eng schwéier Entscheedung, als Jonken eng Handwerksausbildung ze wielen an domat d'Méiglechkeet ze verléieren, de Bac ze maachen – wann ee sech da wierklech relativ fréi fir d'Handwerksausbildung entscheet – an domadder och de fräie Choix vun enger Universitätsausbildung oder vun allen Universitätsausbildungen scho fréizäitig opzeginn, wann een da just nach e limitéierten Zougang zu verschidde Formatiounen huet.

An dat ass sécherlech net de lëtzebuergesche Schoulssystem, deen do responsabel ass. Ech wollt dass guer net insinuéieren. Do ass et nun emol esou, jee no deem, wat fir en Ofschloss een huet, kënn ee méi einfach oder méi schwéier op auslänneschen Unien eran.

A wa mer éierlech sinn, hu mer e bësse de Problem, dass et net un dem Interesse mangelt, mee un där Fro, dass mer Schülerinnen a Schüler virun de Choix stellen, an dat relativ fréi: de Bac mat fräiem Zougang zu villfältigen Ausbildungen oder eng Handwerksausbildung? Esou misst ee vläch eng Ausbildungsfilière schafe fir Leit mat Bac, mat enger Première, fir eeben esou och nach Leit, déi schonn e Bac hunn, weider kënnen ze forméieren.

Hei si mer eis och däers bewusst: Nom Bac wëllen déi mannst Schülerinnen a Schüler nach eemol zréck an d'Schoul, fir do dann nach eemol, an dat heefeg op enger méi niddreger Klass, unzefänken, en Handwierk ze léieren. A fir en Apprentissage adulte si se nach ze jonk. Dat heescht, mir hunn u sech do Schülerinnen a Schüler, déi eng Première maachen, déi sech eventuell da bewusst ginn, dass dat fir op d'Uni ze goen net dat Richteg fir si ass, fir déi awer de Wee, fir zréck an eng Ausbildung ze goen, u sech gefillt e Réckschritt wär, wou se dann och mat vill méi Jonken an enger Klass géife sëtzen, an déi fir en Apprentissage adulte nach guer net eligibel sinn. Ech mengen, dass mer do nach e Ventill brauchen, fir dee Besoin ze erfüllen.

Eng gutt Formatioun fir d'Handwierk besteet natierlech och net nëmme aus der schoulescher Ausbildung, mee virun allem jo och aus der Berufserfarung am Betrib. A wat dëse Volet ugeet, wär et an eisen Ae ganz wichtig, d'Patronen, déi Jonker bei sech ophuelen an ausbilden, besser ze ënnerstëtzen. Mir hunn u sech eng änlech Iddi wéi dat, wat d'Motioun vum ADR fuerdert. Et ass ëmmer erëm vun enger Méiglechkeet vun „Ablösesummen“ geschwat ginn. Et wonnt mech net, dass de President vun engem Fussballsveräin mat enger Motioun zu deem Thema am Handwerksberäich kënn.

Et ass sécherlech esou, dass et schwierig ass fir de Privatsektor, wann een als Éischt ausbildt. An ech hat selwer och schonn eng Question parlementaire dozou gestallt, wou ech gefrot hunn: „Ma wéi vill Leit bilt dann den éffentleche Sektor aus par rapport zum Privatsektor a par rapport zu de Plazen, déi een dann duerno besetze wëllt?“ An do stellt sech eraus, dass u sech den éffentleche Sektor vill méi kéint ausbilden, wann en da wëlt, mee et net mécht an dovun profitéiert, dass de Privatsektor haut ausbildt, an déi Leit duerno rekrutéiert. Déi Zuelen erschrecken a mir mussen do eppes maachen, well iergendwann eng Kéier soe sech soss d'Handwerker mat Meeschterbrëif: „Firwat soll ech nach ausbilden? Wann ech ausbilden, investéieren ech Ressourcen, Zäit, Nerven, fir een



auszubilden, ee wëllen u mäi Betrib ze fideliséieren, fir datt en duerno een, zwee Joer méi spéit bei déi éischte Gemeng geet, wou en eng Plaz fënn, oder bei de Staat oder bei en Établissement public.“

Mir wëssen, datt dat e Problem ass, a gläichzäitig wësse mer awer och, datt et ganz vill Handwierkerberuffer gëtt, déi haut e Mangel u Leit hunn, déi bei hinne schaffe wëllen. Dat heescht, mir hunn engersäits verschidde Pisten, déi mer guer net opmaachen, fir an d'Formation professionnelle ze kommen. Op där anerer Säit hu mer e Mangel u Leit, déi an déi verschidde Pisten heiansdo era wëllen. A ganz um Schluss maache mer et och nach de Privatpatrone schwéier, fir déi Leit auszubilden, déi et da bis dohinner ausgehalen hunn. Also iergendwou, mengen ech, ass de Wuerm net nëmmen op enger Plaz dran. Mir mussen dee System definitiv iwwerdenken.

Ech sot et virdrun: D'Digitaliséierung ass eng Realitéit och am Handwierk a mir sollen net nëmme vu manuelle Beruffer schwätzen. Dat sollte mer u sech ganz séier aus eise Kapp verbannen. De Schräiner muss haut mindestens esou gutt mat engem Computer eens gi wéi de Grafiker, wéi deen um Büro. An ech mengen, datt souguer déi meescht Handwierker vill méi spezialiséiert IT-Kenntnisser brauche wéi déi meescht Leit, déi an enger Verwaltung op engem Büro schaffen.

Do, wou bei anere gängeg Office-Programmer heefeg duerginn, gëtt et am Handwierk ganz spezialiséiert Logiciellen, déi ee perfekt beherrsche muss, wann ee säi Metier haut nach wëll adequat kënnen ausféieren, ob dat de Schräiner, den Installateur respektiv och just de Plätterchersleeër ass, dee jo och drop aus ass, fir datt en esou mann wéi méiglech Bëtz mécht, datt en esou mann wéi méiglech CO<sub>2</sub> produziéiert beim Bestelle vu senge Paletten, datt mer also eng Chaîne de valeur hunn, wou et esou mann wéi méiglech Verloscht gëtt. Well och do sinn d'Margen, vläicht net op de geleschte Stonnen, mee awer sécherlech op de Produiten, déi agesat ginn, op der Matière première, esou dënn, datt et sech lount, op all Cent ze kucken, an do ginn Experte gebraucht! Do muss een haut och mat Computern eens ginn an do muss ee virun allem och bereet sinn, sech permanent fortzubilden, well d'Handwierk vun haut ass net d'Handwierk vu virun zéng Joer a sécherlech net d'Handwierk vu virun 30 Joer.

Deementspriedend brauche mer och eng Formation continue an der Formation professionnelle, déi e gutt Stéck méi wäit geet, déi et vill méi einfach mécht, och wéi ech et virdru sot, fir Leit, déi vläicht op engem zweete Bildungswee an d'Handwerk era wëlle fannen, déi vläicht iwwert de Wee vun enger dualer Ausbildung wëllen an d'Handwerk erafannen, datt mer deene Leit Pisten opmaachen, ouni hinnen déi Piste vu viran ze verbauen.

**M. André Bauler** (DP) | Vergiesst d'Konschthandwierker net!

**M. Sven Clement** (Piraten) | A schlussendlech mengen ech, ...

**M. André Bauler** (DP) | Vergiesst d'Konschthandwierker net!

**M. Sven Clement** (Piraten) | An d'Konschthandwierker natierlech och. Merci, Här Bauler. Ech hätt déi sécherlech vläicht vergiesst ze ernimmen, mee ech hu se awer net vergiesst ze valoriséieren.

Vläicht e leschte Punkt, Här President. Mir mussen et och interessant maachen, net nëmmen fir d'Initialausbildung ze maachen, mee och fir vum Gesell zum Meeschterbrëif ze kommen, datt een also wierkelech déi Ausbildung net als ofgeschloss ugesäit dee Moment, wou een den éischten Diplom an de Grapp

gedréckt kritt, mee datt u sech dat Ganzt och eng liewenslaang Aufgab ass. Mir soen ëmmer esou schéin op Englesch „lifelong learning“, mee dat ass u sech am Handwierk nach vill méi akut. Do ass et nämlech net nëmme „lifelong learning“, do ass et „lifelong doing“.

Ech soen Iech villmools Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och.

An d'Wuert huet elo direkt den Här Erziehungsminister an Héichschoulminister, den Här Claude Meisch.

### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mä grouse Merci geet un den Deputéierte Marc Spautz, fir déi Interpellatioun hei ugefrat ze hunn. An eigentlech sinn ech mat him enger Meenung a mat villen anere Kolleegen heibanen, datt mer méi dacks sollten iwwert d'Berufsausbildung, méi dacks sollten iwwert d'Handwerk hei schwätzen, well déi Messagen, déi de Mëtten hei vehiculéiert goufen, jo ganz kloer an eng Richtung ginn. Ech hu wéineg Divergenze festgestallt, souwuel am Prinzipielle wéi och ganz am Detail konnt een elo net wierkelech richtungsweisend Ennerscheeder hei de Mëtteg feststellen.

Den Interpellant huet och gëschter an enger Pressekonzferenz eng ganz Rei vu Propose gemaach. Ech hu mer déi eng Kéier ugekuckt. An deem Communiqué waren zwoelf Bulletpoints mat ganz konkrete Propositionen opgeléist. Zéng dovunner si mer op jidde Fall amgaangen, esou oder änlech ze maachen. Iwwert den Detail kann ee sécherlech do schwätzen. Eng hunn ech net richtig kënnen ze pake kréien an déi ass de Mëtteg eigentlech an der Interventioun och net méi opgetaucht. An eng aner, do misst een effektiv ... Do sinn ech vläicht e bësse méi skeptesch.

Hei ass eigentlech vun allen anere Riednerinnen a Riedner net nëmmen déi prinzipiell Bedeitung vum Handwierk fir eis Gesellschaft, awer och fir den Einzelnen, ennerstrach ginn, mee eigentlech och déi Richtung, déi mer weider mussen ausschloen, fir d'Handwerksberuffer an allgemeng d'Berufsausbildung héichzehalen a vill Jonker an awer och hir Elteren ze encouragéieren, deen dote Wee ze goen.

An eppes huet sech och duerch sämtlech Rieden, duerch sämtlech Interventiounen gezunn: datt et och eng Fro vun der Mentalitéit ass, och eng Fro vun eise Denken, och vläicht eng Fro vun deem, wat mer iergendzwoosch spieren alleguerten. An ech mengen, et ass net nëmmen eng Saach vun „heibanne wësse mer et besser wéi dobaussen“, well ganz dacks erënnere ech och ëmmer nees déi drun, déi Rieden halen iwwert d'Berufsausbildung, si solle sech emol iwwerleeën, wat se da selwer géife maachen, wann hir Duechter, hire Fils mat 15 Joer géif bei se kommen a soen: „Ech wëll elo Schräiner ginn.“ En éischte Reflex wär warscheinlech bei eis alleguerten: „Iwwerlee der, ob s de net awer d'Première méchs, an dann duerno kucks de nach eng Kéier, ob dat anert der dann nach ëmmer esou gefält.“ Dat sëtzt ganz déif an eis dran an datt ass sécherlech eng vun den zentralen Erausforderungen hei.

Eng aner, nieft der Mentalitéit, ass sécherlech awer och eis demografesch Entwécklung. Mir wäerten all déi, déi haut am Handwerk tätég sinn an déi vu bausse bei eis komm sinn, déi haut hei wunnen oder all Dag bei eis kommen, an Zukunft net ersat kréien duerch den eegenen Nowuess, dee mer hei an eise Schoulen ausbilden. An dat ass jo eng Tendenz, déi net nei ass.

Am Joer 1990 waren et am Handwerk nach 73 % Residenten, déi do geschafft hunn, 27 % Frontalieren. 2020 waren et 47 % Residenten an eeben 53 % Frontalieren. An déi 53 % Frontaliere wäerte mer och mat allen Efforten – an déi solle mer maachen an déi müsse mer maachen – awer sécherlech net an Zukunft erëm duerch Residenten ersat kréien. An dat ass jo eng Tendenz, déi net nëmmen esou ass am Beräich vun den Handwerksberuffer oder vun den anere Beruffer an der Berufsausbildung, mee dat dote fanne mer queesch duerch sämtlech Branchen, duerch sämtlech Secteuren hei am Land erëm.

De Charles Margue, mengen ech, huet et ganz flott ausgedréckt mam Saz: „Jidderee brauch hei am Land Leit, e brauch gutt Leit“, an datt mer solle virun allem awer dono kucken, datt d'Leit hir Erfëllung fannen an deem, wat se maachen, an deem, wat se léieren, datt se hiren Ambitiounen, hiren Talenter no eeben e Wee kënnen anschloen.

Mir hunn an de leschte Jore ganz staark och an d'Moderniséierung vun der Berufsausbildung investéiert an eis am Detail dorëms gekëmmert. Ech denken, a kengem aneren Ordre d'enseignement ass dat esou systematesch gemaach gi wéi an der Berufsausbildung, wou mer d'Programmer dem Besoin vun dem Marché du travail upassen.

Dat ass e ganz kloer definéierten a strukturéierten Prozess, dee mer do zesumme mat de Berufskummen, also zesumme mat den Acteuren souwuel vum Patronat wéi och vum Salarat, de Leit aus den Entreprise ganz konkret Punkt fir Punkt ofschaffen, wou de Secteur agebonnen ass, wou mer fir d'éischt Questionnaire maachen, wou mer gezielt Gespréicher och siche mat einzelnen Acteuren aus deene Secteuren, wou mer dann dat och a Form vu Rapporten a vu Cahier-de-charges definéieren, wou de Comité de pilotage, an deem all déi Acteuren – d'Schoulen, de Ministère an awer och d'Berufskummen – vertruede sinn, dat dann och validéiert an dono als Opdrag un eng Équipe curriculaire gëtt, déi sech erëm eng Kéier zesummesetzt aus Leit vun dem Ministère, aus der Schoulwelt an aus den Entreprises, déi et dann am Detail och sollen ausschaffen an dann de Curriculum och sollen deementspriedend iwwerschaffen. Mat ganz ville Formationen si mer do och schonn duerch an anerer bleiwen nach ze maachen, an dat wäerte mer och esou maachen.

Dat ennersträicht eigentlech och ee Grondprinzip, dee vläicht net ëmmer esou de Mëtten hei zum Virschäi komm ass, duerfir wëll ech do kuerz nach eng Kéier drop agoen: datt mer hei an engem Domän sinn, wou mer eng enk Zesummenaarbecht hu mat der Berufswelt, wou mer eigentlech an enger Tripartiteslogik alles zesummen decidéieren. Sécherlech ginn dobäi vun der Politik an och hei an der Chamber gesetzlech Kadere festgehalen, wou et fir mech awer och wichteg ass, datt mer eis, wann et geet, probéieren eens ze maache souwuel mat der Salaratskummer wéi och mat de Patronatskummen, well dat schéngt mer wichteg ze sinn, datt mer do wierkelech probéieren, esouwäit et geet un engem Strang ze zéien.

Mir hunn d'Programmer net nëmmen inhaltlech ugepasst. Mir hunn och Formationen komplett iwwerschafft a Formationen moderniséiert, Technikerformationen wéi „Smart Buildings and Energies“ a „Smart Technologies“, déi eebe vläicht e bësse verstëbt Formationen dann och ersat hunn – verstëbt net, well d'Inhalter net méi richtig wäeren, mee verstëbt, well einfach de Secteur weidergaangen ass an d'Methoden, d'Manéieren, wéi op engem Marché haut geschafft muss ginn, wéi d'Produiten dann och wierkelech un de Client müsse bruecht ginn a proposéiert ginn, anerer sinn an ee gesäit, datt och vill méi Konvergenz besteet tëschent



eenzelne Beräicher, och eenzelnen technologesche Beräicher –, fir do kënnen da wierklech up to date ze sinn an dat, wat dobausse gefrot gëtt, och wierklech kënnen unzibidden.

Mir hunn eis awer och vill Méi gemaach, fir ëmmer méi Formatiounen an engem, wéi mer et nennen: „régime linguistique spécifique“ unzibidden. Déi allermeescht vun eise Formatiounen an der Beruffsausbildung sinn nach ëmmer op Däitsch. A wa mer awer eis Populatioun vun deenen Apprentien ukucken, déi an der Beruffsausbildung sinn, huet een awer ganz schnell d'Gefill, ob et net mat Franséisch dach awer vläicht heiansdo besser géif goen. An duerfir hu mer schréttweis och méi francophone Formatioune proposéiert an der Beruffsausbildung.

Haut sinn ech och houfreg drop, datt mer och anglophone Formatiounen an der Beruffsausbildung proposéieren, fir eeben och – an de Charles Margue ass kuerz drop agaangen – deenen, déi an enger internationaler Schoul sinn, enger effentlecher oder enger privater, wa se wëllen an Handwierk léieren, wa se wëllen eng Beruffsausbildung maachen, an eenzelne Beräicher op d'mannst och eng Formatioun hei zu Lëtzebuerg kënnen unzibidden, déi dann natlos undockt un déi Formatioun, déi se virdrun an hirem Lycée gemaach hunn. Dat, mengen ech, ass wichteg an dat sinn och wichteg Reservoiren. Wa mer gäre méi jonk Leit an d'Handwerk oder an d'Beruffsausbildung hätten, da musse mer se och do siche goen, wou se sinn, an och mat deene Sproochekompetenzen dann erunzéien an un d'Handwerk erubréngen, déi se eeben hunn. Wa mer dat net maachen, da si ganz vill Jonker, Honnerten, jo vläicht e puer Dausend, déi kréien einfach d'Dier zougemaach a wäerten nimools an en Handwerksberuff kënnen eragoen.

Mir hunn och nei Formatiounen – nach eng Kéier zesumme mat de Beruffskummeren – ausgeschafft an am Detail konzipéiert: Den Technikerdiplom am E-Commerce, natierlech war dat virun 20 Joer kee Besoin, dat ass awer haut ganz konkret e Besoin. Den DAP an der Mechatronik am Agri-génie civil, och dat ass eng ganz spezifesch Formatioun, déi vun engem Secteur gefrot ginn ass an déi mer ausgeschafft hunn. De CCP als Ouvrier agricole, eppes, wouru mer och laang mat de Beruffskummere geschafft hunn a wou ech frou sinn, datt mer am September un de Start gi mat där Formatioun. Den DAP Éducation, also eng DAP-Ausbildung am soziopedagogesche Beräich, well et an deem Beräich och um Niveau vum DAP sécherlech e Besoin gëtt a Perspektive solle gebuede gi fir ganz vill jonk Leit, déi eng Beruffsausbildung do wëlle maachen, an et e Secteur ass, dee wierklech no qualifizéiertem Personal et freet. An hei kënnen mer wierklech viles beieneebréngen, op där enger Sait Jonker, déi an dee Beräich wëlle goen, an e Secteur, dee qualifizéiert Personal och sicht.

An dat ass jo, mengen ech, och den A an den O vun der Beruffsausbildung. An do si mer dann och erëm eng Kéier ganz no bei där Mentalitéitsfro: Wéi gesi mer d'Beruffsausbildung? A wéi kréie mer jonk Leit, déi Interessi hunn, déi Talenter hunn, déi Ambitiounen hunn, eppes ze maachen, dann och wierklech dohinner? Nämlech bei der Orientatioun! An do si souwuel an dem Exposé vum Interpellant wéi awer och an den Interventiounen vu villen anere Kolleegen haut de Mëtten eng ganz Rei vu Propose gemaach ginn – déi awer och scho Realitéit sinn! –, déi eeben net méi mussen ëmgesat ginn an ausgeduecht ginn, mee déi mer op ganz ville Plazen awer och ëmsetzen.

Et gëtt haut vum Luxembourg Science Center zum Beispill de Programm „Découverte des métiers“, wou Schouלקlassen higin an dann och wierklech ganz konkret kënnen gewise kréien, wat een an engem Beruff

dann och mécht, fir datt se sech ganz konkret eppes dorënner kënnen virstellen, well et ass e Problem. Wann doheem de Papp, de Monni, d'Mamm, d'Tatta, wien och ëmmer, eeben net méi un der Wierkbänk schafft an net méi ganz konkret och emol vläicht eng Kéier selwer um Auto kniwwelt, da kann e Kand sech dat net wierklech virstellen. An da muss een och emol eng Kéier an en Atelier eragoen an engem iwwert d'Schëlker kucken a sech wierklech e Bild dovunner maachen.

Duerfir hu mer Projeten, „Wëssens-Atelier“ genannt, déi Dir och an Ärem Communiqué zitéiert hutt, wou eeben och Maison-relais, awer och Grondschoule kënnen an d'Ateliere vun de Lycéeën kucke goen an do och emol eng Kéier selwer Hand uleeën, fir ze spieren, ob dat dann och eppes fir si kéint sinn. Den Dan Biancalana an ech, mir haten d'lescht Woch d'Chance, eng nei Maison relais – dat wësst Der, wou se steet, nämlech zu Diddeleng – anzeweien. An do si mer an e Sall erakomm, do stounge fënnf Wierkbänken! Well et ass ganz normal, datt an enger Maison relais haut och en Atelier do steet. A wann d'Kanner wëllen eppes kniwelen a wa se wëllen eppes do bastelen an och mat Geschier wëllen do schaffen, da solle se och déi Experienz kënnen maachen, fir datt mer se spilleresch och un handwierklech Aktivitéit kënnen erukréien an datt se hiert Talent do kënnen entdecken. An dorëms geet et jo: säin Interessi entdecken, säin Talent entdecken an da spéiderhin och iergendwann eng Kéier säi Liewenswee kënnen skizzéieren a vläicht an eng handwierklech Aktivitéit kënnen eragoen.

Well et dorunner feelt, och un den Efforten an der Orientatioun, hu mer net nëmmen d'Maison de l'orientation geschafen, mee mir maachen och dat, wat de Charles Margue nach eemol als wichteg hei gefuerdert huet, nämlech eng Foire vun der Schoul, mee awer och vun de Beruffer, wou mer sämtlech Méiglechkeete vu Formatioune presentéieren. Déi riicht sech virun allem u Schüler schonn aus dem Fundamental, am Cycle 4, wou een da seng Decisioun hält, ob een éischer an de Classique oder an de Général soll orientéiert ginn, riicht sech awer och virun allem un d'Cinquième aus dem Général an aus dem Classique, fir och do nach eng Kéier ze kucken, wat fir eng Formatiounen et gëtt.

Ganz dacks ass et jo esou, wann ech an engem Lycée bis dobanne sinn, da bleiwen ech éischer do a konzentréiere mech jo emol op déi Formatiounen, limitéiere mech heiansdo op déi Formatiounen, déi da vun deem Lycée selwer ugebuede ginn. Mee an der Beruffsausbildung gëtt et 120 verschide Formatiounen an déi soll een och kënnen kenne léieren, an eeben och eng Formatioun am Général oder am Classique, eng Sektoun, déi vläicht an engem anere Lycée ugebuede gëtt. Och déi soll ee kenne léieren an dat kann een do maachen.

Dat riicht sech also u Schoulen, u Schouלקlassen, u Maison-relais, awer och un Eltere mat hire Kanner oder déi Jonk, déi selwer dohinner kënnen kucke kommen. Et ass vum 2. bis de 4. Mee an der Luxexpo a mir freeën eis eigentlech dorobber. An e ganz besonneschen Akzent leeë mer op d'Beruffer aus dem Handwierk, well d'LuxSkills wäerten och do stattfannen. Dat sinn d'Beruffsmeescherschafte vun deene Jonken, déi dann allkéiers och wäerte ganz konkret erëm eng Kéier do weisen, wéi an hirem Beruff geschafft gëtt, fir datt d'Kanner an déi Jonk, déi do laanschtkommen, sech och e Bild kënnen maachen, mat deene Jonken aus deem Beruff do kënnen schwätzen an hir Impressioune kënnen mathuelen.

Eppes vereent eis sécherlech och, datt ass, datt et wichteg ass, wann een eng Beruffsausbildung mécht, datt ee Perspektiven huet duerno. An et ass e puermol hei gesot ginn, datt d'Impressioun esou ass, datt ee muss de Choix fréi treffen: Maachen ech elo eng

Léier oder wëll ech duerno studéiere goen? An et muss esou sinn, datt, wann ech eng Léier maachen, ech duerno nawell nach ëmmer ka studéiere goen. Ech muss net, mee ech hunn déi Perspektiv awer nach ëmmer, soudatt eigentlech och mam Choix, fir an d'Beruffsausbildung ze goen, fir sengem Talent nozegoen an en Handwierk ze léieren, dat duerno keng Dieren zoumécht, mee awer ganz vill Dieren do kënnen opleiwen.

Duerfir si mer amgaangen, bei alle Formatiounen, déi mer konzipéieren, och ëmmer ze probéieren ze kucken, wat déi nächst Formatioun ass: e sougenannten Trapemodell, wou ech nom CCP wa méiglech en DAP ka maachen, wou ech nom DAP wa méiglech och en Technikerofschloss ka maachen a wou ech nom Technikerofschloss och wa méiglech e BTS ka maache respektiv e Bachelor ka maachen op enger anerer Héichschoul oder Universitéit. An dee Wee, dee gëtt ageschloen! D'TEVA-Etüd zum Beispill, déi reegelméisseg erauskënnt, seet, datt en Drëttel vun deene Jonken, déi en Technikerdiplom ofgeschloss hunn, dann an eng Héichschoulformatioun weitergeet an e BTS oder e Bachelor oder duerno vläicht souguer nach e Master mécht. An dat weist, datt do Potenzial ass, datt, wann ech no der Cinquième an eng Beruffsausbildung ginn, mäin DAP maachen oder mäin Techniker direkt ufänken, datt ech all Perspektiv nach duerno hunn, fir doriwwer eraus mech weiterzebildeden.

An eng aner Perspektiv ass sécherlech déi vun der Meeschterprüfung, en Diplom, dee mer vläicht e bësse vergiessen an deen awer haut och nach ëmmer seng grouss Bedeitung huet. An ech si frou, datt mer en zanter enger Rei vu Joren zesumme mat der Chambre des Métiers komplett reforméiert hunn, en och un d'Besoin vun den Entreprisén haut ugepasst hunn, well et gëtt ganz vill eenzel Beruffer, déi ee ka léieren am DAP, an an gouf bal gradesou vill Meeschterprüfungen hannerduren.

Mee d'Realitéit an enger Entreprise ass awer haut eng aner. Wann ech Clienten hunn, dann ass et net nëmmen, datt ech vläicht do just den Daach decken, mee et kann awer och sinn, datt ech d'Charpente muss maachen an datt ech den Zénk och nach muss installéieren. Duerfir ass et wichteg, datt mer déi integréiert Struktur vun den Entreprisén och an d'Meeschterprüfung eriwuerkréien. An dat maache mer zanter enger Rei vu Joren an eenzelne Beruffsfamilie scho ganz erfollegräich. A mir hunn eis d'Wuert ginn, zesumme mat der Chambre des Métiers, datt mer all d'Meeschterprüfungen no deem dote Konzept och wäerte moderniséieren.

An och dat ass eng Méiglechkeet, fir Perspektiven ze bidden am Handwierk, an och dat ass eng Méiglechkeet, fir als Quereinsteiger an d'Handwierk eranzekommen, well och do ganz dacks d'Dier opgemaach gëtt fir Leit, déi net nëmmen iwwert den DAP kommen, mee déi och eng aner Formatioun hunn, eng aner Beruffsexperienz hunn an an d'Handwierk kënnen iwwert d'Meeschterprüfung erakommen.

Ech mengen, et ass e puermol ugeklungen hei, eng Perspektiv kann a muss natierlech och e Verdéngscht sinn, deen dem Wäert vun där Aarbecht, déi een do leescht, entsprécht. A bei där Penurie, déi mer hunn – an déi ass jo e puermol hei geschildert ginn –, ass et haut och esou, datt ganz dacks Handwerker ganz gutt, ganz uerdentlech bezuelt ginn an datt se, wa se dobäi och nach schréttweis Responsabilitéit an hirer Entreprise huelen, och nach besser kënnen bezuelt ginn an och wierklech Karriär kënnen maachen am Handwierk.



Duerfir ass et och wichteg, datt mer net stoe bleiwe bei deem éischten Diplom, deen ee gemaach huet, fir datt een, och wann ee vläicht net direkt en zweete ka maachen, duerno awer och iwwer Weiterbildung sech eeben ëmmer kann um Stand halen an awer och ka fit halen, fir weider Responsabilitéiten ze iwwerhuelen. An do schaffe mer jo och ganz geziilt drun. An ech mengen, wann dat ginn ass, da kann och jidderee säi perséinlechen Erfolleg an engem Handwerksberuf oder no der Berufsausbildung do fannen.

Ech wëll, Här President, eigentlech nach eng Kéier ënnersträichen, datt mer op deenen dote Pisten, déi de Mëtten hei virgeschloe goufen, drop sinn, datt mer aktiv do drop sinn, datt mer dat an enker Concertatioun och mat de Berufskummere maachen an datt mer, mengen ech, och doduerjer eng gewësse Rou an d'Berufsausbildung erakritt hunn an och e positivt Bild no bausse kënnen ausstralen. Well dat, wat mer virun e puer Joer haten, d'Reform vun 2008 – Dir wësst, datt mer laang dru geschafft hunn, eigentlech bis 2019, bis mer nach déi Nowéien dovunner korrigéiert haten –, dat huet awer elo derzou gefouert, datt mer wierklech kënnen a Rou d'Formation professionnelle weiderentwéckelen an eis och kënnen op dat Essenziellt konzentréieren, op d'Contenue vun de Formatiounen, op nei Formatiounen an och op den Image vun der Berufsausbildung no bausse.

An duerfir sinn ech och frou, datt mer eis de Mëtte bei dëser Debatt iwwert déi grouss Linnen eens sinn. An et sollt ee sech vläicht och all Joer eng Kéier e kuerze Rendez-vous hei gi fir ze kucken, wéi mer op deenen dote Pisten wierklech weiderkomm sinn. An et si bestëmmt och ëmmer nees nei Iddien, déi an d'Diskussioun kommen, déi derwäert sinn diskutéiert ze ginn.

Ech wëll op jidde Fall jidderengem Merci soe fir dee konstruktiven Apport de Mëtten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci Iech och, Här Minister. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ugelaangt.

**Motion 1**

Awer mir hunn nach eng Motioun kritt vun der ADR a mir missten nach decidéieren, wat mer mat där Motioun maachen, Här Minister.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif net recommandéieren, déi Motioun do elo esou direkt unzuhuelen, well sécherlech awer do méi Reflexioun an och Concertatioun noutwendeg wär.

Ech leien eigentlech ganz no bei der Analys vum Sven Clement, datt d'ëffentlech Hand an déi ëffentlech Entreprises eigentlech och méi mussen ausbilden, well et soss net opgeet, wann nëmmen ee Secteur ausbilt an deen aneren, dee stellt an, net se alleguerten, mee der awer och méi an, wéi en ausbilt. Soss hu mer eng Schifflag! Mir hunn als Bildungsministère eng ganz Rei vun Initiative geholl, fir ëffentlech Entreprises, awer och Ministèren a Verwaltungen dozou ze encouragéieren – nach net mat deem Erfolleg, dee mer eis versprach hunn –, zum Beispill, datt mer och finanziell un den Indemnitéiten do participéieren als Ministère. Mee dat schéngt mer awer déi wichtegst Pist ze sinn, well och wa mer ufänken, Primmen ze bezuelen, dann hu mer domat nach net méi ausgebilt an iergendzwousch feelt dann awer ëmmer een.

An da stelle sech eng ganz Rei vu Froen: Ass dat nëmme vum Wiessel vum Privatsektor an den ëffentleche Secteur? Et gëtt och Wiesselen tëschent privaten Entreprises. Ass dat nëmmen innerhalb vun

eise Landesgrenzen? Oder wéi ass et dann, wann ee seng Formatioun an engem auslännesche Betrib gemaach huet, wou de System nach eng Kéier ganz ënnerschiddlech ass an eisen dräi Nopeschlänner?

Also, ech géif warnen, sech elo no där kuerzer Diskussioun de Mëtten hei an esou eng Richtung ze beweegen. An ech hätt éischter eng Präferenz derfir, datt d'Chamber mer och de Réck géif stäipen an deenen Efforten, déi ze maache sinn, déi ech och akloe bei de Kolleegen an der Regierung, fir eebe méi am ëffentleche Secteur an och an den ëffentlechen Entreprises auszubilden. Villmools merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci, Här Minister. Sinn nach Wuertmeldungen zu der Motioun? Jo, den Här Spautz.

**M. Marc Spautz** (CSV), interpellateur | Jo, merci fir d'Erklärungen elo vum Här Minister. Et si vill Froen nach an där Motioun, déi ee muss klären. Mee ech wär awer der Meenung, dass et vläicht net schlecht wär, wa mer géifen an enger Kommissioun – ob dat d'Jointe Travail mat Educatioun ass – awer eng Kéier driwwer schwätzen, well ech der Meenung sinn, dass verschidde Punkten awer diskussionsberechtigt sinn.

Also ech hunn och e Problem, se einfach elo esou ze stëmmen, a mir wäerten dat och net maachen. Mee ech sinn awer der Meenung, et wär awer och e Feeler, einfach ze soen: „Gehei se an d'Dreckschëscht!“ Et waren och nach anerer, déi dat ugeschnidden hunn, dass een iergendeppes misst maachen, soudass een dann an enger Jointe vun Travail an Educatioun awer eng Kéier sollt driwwer schwätzen, wat dat bedeit. An ech sinn och mam Minister averstanen, dass doduerch, dass mer esou am Grenzgebitt leien, och all déi Iwwerleeunge musse mat eranhuelen, dass een dee Gest op alle Fall géif maachen. Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci dem Här Spautz. Weider Wuertmeldungen dozou?

(Interruptions)

Jo, ech hunn eng Propos vum Här Spautz, déi schéngt net d'Unanimitéit ze maachen. Da musse mer ... Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, wa se net an d'Kommissioun zréckgeet, da wollt ech awer och soen, firwat mir och dergéint stëmmen.

„Level-Playingfield“, mir wëssen net richtig, wat Der domadder mengt. Hätt Der do gären, datt d'Léin am ëffentleche Secteur ugepasst ginn un déi am privaten? Oder ass dat ëmgedrëint gemengt? Well dat kéint et jo net sinn, datt mer deenen engen eppes huelen! Da missten déi aner éischter eppes kréien.

Déi aner Saach ass, dass, wann d'Betrib selwer ausbilden an duerno och besser remuneréieren, dann, denke mir, géife se se och besser behalen. Dat ass jo och eng Pist, déi ee misst da fueren. Dofir, mir mengen och, hei kéint een an enger Kommissioun, an enger Jointe, driwwer diskutéieren. Mee esou, wéi se hei elo ass, kënne mir d'Motioun op alle Fall net matstëmmen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Den Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Also ech ginn dem Minister absolutt Recht, datt et definitiv nach Diskussionsbedarf gëtt. Ech hätt mech gefreet, dat doteden an der Kommissioun mat ze diskutéieren.

Ech verstinn awer, datt et do grad keng grouss Géigeléift fir d'Propos vum Marc Spautz gëtt. Mir dinn eis elo schwéier domadder, se tel quel unzuhuelen, well eeben eng Rëtsch Froen op sinn an, ech mengen, de

Minister zu Recht och ugemierkt huet, datt hei awer och d'Fro sech stellt – an ech hunn dat net fir näischt an der Ried gesot –, ob de Staat net méi muss ausbilden respektiv och op deene richteg Plaze muss ausbilden. An deementsprechend géife mir eis zu dësem Zäitpunkt bei där heite Motioun enthalten, well et eeben e bëssen u Flesch op de Schanke feelt.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Et ass alles gesot. Da géife mer iwwert ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Här President!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | A, jo!

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Ech wollt awer nach eng Kéier d'Madamm Cecchetti do berouegen. Et geet hei net ëm eng Upassung. Ech hu jo geschriwwen „oppassen“, well et deen Ënnerscheid gëtt. An dat heescht, dass mer net elo d'Paien upassen. Dat ass jo souwiesou net machbar, dat wier jo dann um Privatsektor. Mee hei geet et eeben einfach drëms, fir deene Betriben en Incentive ze ginn, fir méi Leit auszubilden, well se trotzdeem dann nach vläicht duerno déi Leit méi laang kënnen halen oder, wann net, dann déi Primm, déi da géif definéiert ginn, kéinten astiechen, fir et esou ze soen. Voilà.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. A, dann den Här Lamberty.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Nodeems esou vill Leit mech froend ugekuckt hunn, wollt ech awer och nach eng Kéier eppes soen. Also ech mengen – an dat Bild ass virun hei benotzt ginn –, eng Ausbildungsplaz ass kee Sportsclub! An ech mengen, dass do eebe genau den Ënnerscheid läit. Och wann d'Problematik, an déi ass de Mëtteg méi wéi eemol ugeschwat ginn, absolutt richtig ass, sinn ech net der Meenung, dass dat einfach esou mat engem Bild vum Sport, vun den „Ablösesummen“, ze léisen ass.

Ech sinn der Meenung, an do ginn ech dem Claude Meisch an dem Sven Clement Recht, dass dat déi richteg Richtung ass, dass mer musse kucken, dass méi ausgebilt gëtt. Et geet net drëm, dass ee fir eppes anescht Sue kritt, well domadder ass nach net eng Ausbildungsplaz oder een Aarbechter méi iergendwou op enger Plaz. Mir mussen also méi ausbilden. Dat hei ass net dat, wat, mengen ech, Äntwerten op d'Fro gëtt, déi do sinn. Dofir géif ech proposéieren, dass mer dat heiten esou net wäerte stëmmen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, ech ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Eigentlech hat Äre Spriecher ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Et ass net verbueden.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Nee, Dir hutt nach Minutten zegutt, jo.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Voilà, ech mengen. Villmools merci, Här President. Ech wollt vläicht just eng Bemierkung maachen, déi mer awer um Häerz läit. Ech hunn déi Debatt elo hei nogelauschert an ech mengen, mir wëssen alleguer, datt an där Motioun, déi den Här Keup hei presentéiert huet, einfach vill Weisheet ass, well mir kenne jo de Problem.

(Hilarité)

Jo, mir kennen de Problem alleguer, Dir kennt en och, datt einfach déi privat Entreprises ausbilden an datt et de Problem gëtt, datt déi Leit, déi se ausgebilt hunn, da bei de Staat ginn. Dat ass e reelle Problem. Ech mengen, mir kennen dat alleguer heibannen.

Wat mech just wonnert, an dofir wollt ech op den Här Lamberty reagéieren, dat ass, datt et eng Zäit gouf, wéi





d'Demokratesch Partei awer op de private Secteur op-gepasst huet. An normalerweis hätt se jo haut missen heihinnerkommen a soen: „Majo sécher, wann eis Entreprisé Leit ausbilden, déi herno bei de Staat ginn, da musse mer d'Entreprisé kompenséieren.“ Dat ass jo d'Iddi vun dëser Proposition. Ech sinn enttäuscht, datt Der net méi esou denkt, muss ech Iech éierlech gesot soen!

Mir wäeren op, fir dat an der Kommissioun ze diskutéieren. Mir kënnen et och an enger anerer Form presentéieren. Mir kënnen gär déi Iddien ophuelen, datt d'Privatentreprisé solle méi ausbilden. Mee och wa se méi ausbilden an de Staat sollt méi ausbilden, hu mer dee Problem nach ëmmer!

A wat mir gemaach hunn hei, ass: Mir hu wierklech eng konstruktiv Proposition gemaach, fir de private Secteur ze kompenséieren fir e Verloscht, deen en dauernd erleit. Mir wäerte bei där Iddi bleiwen. Vlächent eeben net elo, well dat dann hei ofgeschmettert gëtt duerch dräi Parteien, dovunnen eng, déi fréier fir de private Secteur war ...

(Interruptions)

... mee mir bleiwe bei där Iddi a mir wäerte sécher drop zrëckkommen! Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Verdréit net ëmmer d'Wouerecht!

**Une voix** | Voilà!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Sou. Da stëmme mer elo of.

### Vote sur la motion 1

An d'Ofstëmme fänkt elo un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme. An dann ...

(Brouhaha)

Konzentréiert Iech wannechgelift op de Vott!

**M. Pim Knaff** (DP) | Eng Rectification de vote, wann ech gelift.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | An dann d'Procuratiounen. An da kommen d'Rektifikatiounen.

(Hilarité et brouhaha)

Huet jiddwereen ofgestëmmt? Dann ass de Vott eriwwe.

An den Här Knaff wëllt eng Rektifikatioun.

**M. Pim Knaff** (DP) | Jo, ech stëmme natierlech mat Nee.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Elo hate mer awer bal geduecht, Dir hätt eng aner Meenung.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. D'Resultat ass 31-mol Nee, 17 Abstentiounen a 5-mol Jo.

Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 4 voix pour, 32 voix contre et 17 abstentions.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Gusty

Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par Mme Lydia Mutsch) ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary (par M. François Benoy), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher (par M. Marc Spautz), Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Marc Lies, Georges Mischo, Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Domat, Kollegeinnen a Kollegen, si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Rendez-vous ass muer um 13.30 Auer.

Ech hiewen heimat d'Sitzung op.

(La séance publique est levée à 19.17 heures.)

## Questions au Gouvernement

### Sommaire

| Objet                                                                                                                       | N°   | Auteur                           | Page | Objet                                                                                                           | N°   | Auteur                             | Page |
|-----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|----------------------------------|------|-----------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|------------------------------------|------|
| Compensation écologique                                                                                                     | 5872 | Sven Clement                     | 79   | Chirurgie esthétique                                                                                            | 6168 | Gusty Graas                        | 84   |
| Différence de coûts de traitements hospitaliers                                                                             | 5981 | Fernand Kartheiser, Jeff Engelen | 80   | Autopsies                                                                                                       | 6174 | Mars Di Bartolomeo, Dan Biancalana | 84   |
| Accord « Privacy Shield » entre les États-Unis et l'Union européenne                                                        | 6102 | Fernand Kartheiser               | 80   | Gestion du temps dans le secteur de la santé                                                                    | 6180 | Jeff Engelen                       | 84   |
| Organisation d'un diplôme d'études spécialisées en psychiatrie adulte et en pédopsychiatrie avec l'Université du Luxembourg | 6107 | Marc Hansen, Josée Lorsché       | 81   | Assistance à l'inclusion dans l'emploi                                                                          | 6181 | Sven Clement                       | 85   |
| Vente de homards vivants                                                                                                    | 6110 | Marc Goergen                     | 81   | Nouvelle organisation du Ministère de l'Environnement                                                           | 6183 | Marc Goergen                       | 85   |
| Impact de la hausse des prix sur l'industrie laitière                                                                       | 6114 | Jeff Engelen                     | 81   | Avis de la Commission d'aménagement dans le cadre d'une modification ponctuelle d'un plan d'aménagement général | 6188 | Marc Lies                          | 86   |
| Arrêt de la Cour de justice de l'Union européenne relative aux prestataires de services d'intermédiation immobilière        | 6118 | Serge Wilmes                     | 82   | « Burn-out » dans le cadre scolaire                                                                             | 6204 | Diane Adehm                        | 86   |
| Gestion définitive des déchets radioactifs                                                                                  | 6122 | Gusty Graas, Max Hahn            | 82   | Éducation précoce                                                                                               | 6207 | Martine Hansen                     | 87   |
| Test du système national d'alerte                                                                                           | 6129 | Jeff Engelen                     | 83   | Flux de passager à l'Aéroport de Luxembourg                                                                     | 6208 | Serge Wilmes                       | 87   |
| Test du système national d'alerte                                                                                           | 6135 | Max Hengel                       | 83   | Astreintes pour les employeurs dans le cadre des fiches d'impôts                                                | 6209 | Sven Clement                       | 87   |
| Étude sur le temps de travail                                                                                               | 6138 | Myriam Cecchetti                 | 83   | Vols dans les hôpitaux et les maisons de retraite et de soins                                                   | 6210 | Laurent Mosar                      | 88   |
| Accueil des enfants par les maisons relais                                                                                  | 6162 | Marc Goergen                     | 83   | Pédagogie sensible au genre et la diversité                                                                     | 6211 | Fred Keup                          | 88   |
| Frais de transport des patients à l'étranger payés par la CNS                                                               | 6165 | Sven Clement                     | 84   | Engagement d'un coordinateur sportif par les communes ou syndicats de communes                                  | 6212 | Josée Lorsché                      | 88   |
|                                                                                                                             |      |                                  |      | Pollution des eaux souterraines sur le site de l'ancienne brasserie Diekirch                                    | 6215 | Myriam Cecchetti                   | 89   |



|                                                                |      |                    |    |                                                                                 |      |                             |    |
|----------------------------------------------------------------|------|--------------------|----|---------------------------------------------------------------------------------|------|-----------------------------|----|
| Fiscalité des cryptomonnaies                                   | 6218 | Laurent Mosar      | 89 | Licenciement suite à la pression politique                                      | 6299 | Sven Clement                | 95 |
| Indexation des salaires                                        | 6220 | Fernand Kartheiser | 90 | Licenciement suite à la pression politique                                      | 6300 | Martine Hansen, Gilles Roth | 96 |
| Brevet de maîtrise                                             | 6225 | Fred Keup          | 90 | Communication autour de la variole du singe                                     | 6312 | Josée Lorsché, Marc Hansen  | 96 |
| Fonctionnement du Service national de la jeunesse              | 6240 | Myriam Cecchetti   | 90 | Prise de rendez-vous pour un test tuberculeux auprès de la Ligue médico-sociale | 6313 | Paul Galles                 | 96 |
| Parking de bus à Rodange                                       | 6243 | Marc Goergen       | 93 | Propos de l'ONG « Tax Justice Network »                                         | 6316 | Fernand Kartheiser          | 97 |
| Production de fraises                                          | 6249 | André Bauler       | 93 | Éventuelle extradition de Julian Assange vers les États-Unis                    | 6318 | Nathalie Oberweis           | 97 |
| Trafic à Pétange                                               | 6256 | Marc Goergen       | 93 | Détectives privés                                                               | 6327 | Marc Goergen                | 97 |
| Stations de charge pour bus électroniques à la gare de Rodange | 6261 | Marc Goergen       | 94 | Travaux de peinture du Pont Grande-Duchesse Charlotte                           | 6360 | Max Hahn, Claude Lamberty   | 98 |
| Opérations militaires turques en Syrie                         | 6264 | Nathalie Oberweis  | 94 | Passerelle flottante traversant le lac de la Haute-Sûre                         | 6386 | Carlo Weber                 | 98 |
| Participation aux élections législatives                       | 6271 | Fred Keup          | 94 | Délai de remboursement                                                          | 6389 | Max Hengel, Léon Gloden     | 98 |
| Pression politique sur des employeurs privés                   | 6279 | Fernand Kartheiser | 94 | Maladies transmises par les tiques                                              | 6395 | Cécile Hemmen               | 98 |
| Maisons relais                                                 | 6281 | Fred Keup          | 95 |                                                                                 |      |                             |    |
| Évolution du trafic routier depuis la pandémie                 | 6293 | André Bauler       | 95 |                                                                                 |      |                             |    |

## Compensation écologique | Question 5872 (04/03/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Ökologesch Kompensatiounen si gesetzlech virgeschriwwen, wann duerch nei Konstruktiounen oder aner Bauaarbechten natierlech Flächen oder souguer ganz Biotopen zerstéiert ginn. Duerch e System mat sougenannten „Ecopoints“ soll assuréiert ginn, dass all Verloscht un Natur muss kompenséiert ginn. Dobäi kënnen villfälteg Kompensatiounsmesurë gewielt ginn an net all zerstéiert natierlech Fläch muss duerch eng equivalent grouss nei Fläch ersat ginn. Eng Kompensatioun kann och duerch d'ökologesche Opwäertung vun enger bestoender Fläch geschéien.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung dës Fro stellen:

1. Wat d'Problematik vun de Kompensationsflächen ugeet a virum Hannergrond, datt d'Artificialisatioun vum Buedem immens staark ass, misst hei net allgemeng de Precautiounsprinzip iwwerweien an déi franséisch Reegel « Éviter – Réduire – Compenser » aplizéiert ginn?

2. Wéi dréit de System mat den „Ecopoints“ dem Problem Rechnung, datt eng Plantatioun, déi iwwer Joerzéngte gewuess ass, net einfach duerch eng jonk Plantatioun – souzeseen 1 zu 1 – ze ersetzen ass?

3. No wéi enger Method a mat der Uwendung vu wéi enge Krittäre ginn d'Terrainen, op deene kompenséiert soll ginn, ausgewielt?

4. Gëtt am Virfeld iwwerpréift, ob dës Kompensationsflächen eng Belaaschtung virweisen?

5. Wéi vill Kompensationsprojeten, déi opgrond vu staatleche Chantieren néideg gi sinn, lafen am Moment?

Wou befanne sech dës Projeten a wéi eng Kompensatiounsmesurë koume konkret zum Asaz?

Wéi vill Fläche ginn hei ökologesch opgewäert a wéi vill Fläche ginn hei erschloss a wéi grouss sinn dës Fläche jee weils?

Wéi grouss waren déi Flächen, déi duerch de Bau vun Infrastrukturen dës Kompensatiounen néideg gemaach hunn?

6. Wat geschitt, wann op oder am Buedem vun enger Kompensationsfläch Belaaschtungen optauchen? Wéi leeft do dann den Assainissement of? Ginn déi Flächen dann aus dem System erausgeholl an ersat?

7. Wéi laang nom Ofschloss vun enger Kompensatiounsmesur an unhand vu wéi enge Krittären evaluéiert de Ministère den Erfolleg vun enger Kompensatiounsmesur?

8. Ginn d'Ëmweltimpaktstudien, déi am Kader vun engem Projet de compensation gemaach ginn, grade wéi och d'Kompensatiounsmesurë selwer (an eventuell nodréiglech Evaluatiounen vun de Projeten) reegelméisseg a Rapporten effentlech gemaach?

Falls jo: Wou sinn dës Rapporten ze fannen?

Falls nee: Firwat sinn dës Informatiounen net effentlech?

**Réponse (08/04/2022) de Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

ad 1. D'Reegel vum „Éviter – Réduire – Compenser“ ass net wuertwärtlech am Lëtzeburger Naturschutzgesetz verankert. Dëst wéllt awer net heeschen, datt de Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung an d'Naturverwaltung net beméit wieren, dësem weltwäit unerkannte Prinzip vun der Kompensatioun gerecht ze ginn. Dat geschitt notament iwwert d'Méiglechkeet, déi de Gesetzgeber am Artikel 61 vum Naturschutzgesetz virgesinn huet, fir Naturschutzautorisationen u Konditiounen ze bannen, déi den Impakt vun Infrastrukturprojeten op d'Natur sollen evitéieren oder reduzéieren.

ad 2. Dat groussherzoglecht Reglement vum 1. August 2018 „institutionnant un système numérique d'évaluation et de compensation en éco-points“ gesäit vir, datt bestoend Biotope méi en héije Punktwäert hu wéi Biotopen, déi am Kader vun enger Kompensatiounsmoosnam sollen nei ugeluecht ginn. Dëst bréngt mat sech, dass ëmmer muss méi kompenséiert ginn (Surface, Unzuel vu Beem etc.) wéi dat, wat zerstéiert gouf. Bei Bëscher kënn dobäi, dass d'Kompensatioun net nëmme d'ökologesche Valeur vun Ökopunkte muss opfänken, mee datt och déi verluere Bëschräich muss kompenséiert ginn.

ad 3. Nach virum Akraafttriede vum neien Naturschutzgesetz an dem Ökopunktesystem, gouf eng national Analys gemaach, fir speziell gutt géeegegt Terraine fir Kompensationsprojeten am Land ze identifizéieren. Grondprinzip vun dëser Analys war et, fir Gebidder ze identifizéieren, déi schonn e gewëssen ökologesche Wäert haten an déi duerch gezielt

Kompensationsprojeten nach kéinte substanzuell opgewäert ginn. Zil war et, fir e reelle Meerwäert fir Aarten, Liewensraum, Biotopen, ökologesche Connectivitéit, awer och z. B. Drénkwaasserschutz duerch d'Kompensatioun ze schafen. Dës Analys huet iwwer d'ganz Land eng 90 Gebidder definéiert, déi d'Basis waren, fir éischt Kompensationsprojeten ëmzesetzen. Duerch d'Gestioun vun den Ökopunkten iwwert den nationale Register ass et méiglech ze gesinn, a wéi enge Secteuren de gréisste Bedarf fir Kompensatioun ass. Esou ka gezielt a Secteuren no Fläche gesicht ginn, fir speziellesch Kompensatiounsmesuren ëmzesetzen.

ad 4. Jo, dës gëtt iwwerpréift am Kader vu Virstudien, déi notament ëmmer gemaach ginn, wa gréisser Buedembewegungen am Kader vu Baachrenaturéierung musse gemaach ginn.

ad 5. Den nationale Flächepool bündelt d'Ökopunkten, déi am Kader vun der Kompensatioun abezueelt ginn. Dobäi gëtt keen Ënnerschied gemaach tëschent Ökopunkten, déi am Kader vu staatleche Chantieren oder vu private Chantieren zerstéiert gi sinn. Am Moment si 15 Flächepool-Projeten um Lafen. Dës Projete si verdeelt op déi 5 ökologesche Secteuren; dovun 2 am südleche Guttland a Minett, 2 am Sandstegebitt Guttland, 5 am Museldall an ëstleche Guttland, 3 am nördleche Guttland an 3 am Éislek. Insgesamt handelt et sech hei ëm eng Gréisst vun 393,27 ha, a Projete beinhalte souwuel kleng Projete wéi och gréisser Projete vun iwwer 50 ha. D'Mesuren, déi hei zum Asaz kommen, sinn:

- Strukturéierung vun der Landschaft duerch Uplanzung vu Beem an Hecken
- Kreatioun vun neie Bongerten
- Restauréierung an Extensivéierung vu Wäsen an Aker
- Renaturéierung vu Baachen
- Ëmwallung an Uplanzung vun neiem Bëscher
- Kreatioun vun Habitater fir geschützten Aarten
- Kreatioun vu Fiichtbiotopen a Wäsen
- Kreatioun vun europäesche geschützte Liewensraum (z. B. 6510 Magere Flachland-Mähwiese)

All d'Fläche profitéieren vun enger ökologescher Opwäertung.

Säit den Ökopunktesystem agefouert gouf, si bis elo 481 Developpement-Projeten enregistréiert, wou d'Taxe de remboursement vun der Kompensatioun



huet misse bezuelt ginn. Fir dës Projeten ass domat eng Kompensatioun iwwert den nationale Flächepool néideg.

ad 6. Wa festgestallt gëtt, dass Belaaschtungen op enger Fläch sinn an eng fachgerecht Entsorgung néideg ass, erhéicht dës natierlech d'Käschte vum Projet. Dofir ass d'Naturverwaltung beméit, sou Altlaste méiglechst vum Kaf vum Terrain ze identifizéieren, respektiv d'Projeten sou ze gestalten, datt op kontaminierten Terraine keng Buedembeweegeunge geplangt ginn.

ad 7. Dës gëtt unhand vu botanesche Kartéierungen an Analyse gemaach. Während der Ëmsetzung gi reegelméisseg Kontrolle gemaach fir ze kucken, dass d'Moossname richteg ëmgesat sinn. No der Ëmsetzung gëtt eng ofschléissend Kartéierung gemaach, fir de Succès vum Projet festzehalen. Wéi gesetzlech virgeschriwwen, gëtt dës Monitoring 25 Joer laang gemaach.

ad 8. Fir all d'Projeten aus dem nationale Flächepool, déi approvviert sinn, goufen um Geoportal Kaarten a Fichen ageriicht. Esoubal d'Monitoring-Rapporte vun dëse Projekte virleien, gi se ëffentlech gemaach.

## Différence de coûts de traitements hospitaliers | Question 5981 (24/03/2022) de M. Fernand Kartheiser | M. Jeff Engelen (ADR)

Eng héichwäerteg Qualitéit an der Betreierung vun de Patienten an de Kliniken muss eng Prioritéit an der Gesondheetspolitik sinn.

Et ass iwwerdeems och wichteg, datt all Patient, egal wou dësen am Land wunnt, déi selwecht qualitativ héichwäerteg medezinnesch Versuergung zegutt huet.

De Patienteklassifikatiounssystem DRG (Diagnosis related groups) erlaabt et, eng Vergläichbarkeet am Gesondheetssystem a puncto Käschten hierzestellen. Den DRG-Modell bilt e Patienteklassifikatiounssystem, bei deem déi eenzel stationär Behandlungsfall duerch bestëmmte Critèren – ë. a. spillen d'Diagnos, déi jee weileg Operatioun, de Schweregrad vun der Erkrankung an den Alter vum Patient eng Roll – zu Fallgruppe kënnen zesummegefaasst ginn. Soumat léisst sech eng Vergläichsbasis hierstellen.

An deem Kontext hätt mir follgend Froen un d'Regierung:

1. Kascht déi stationär Behandlung vu Patienten, déi zur selwechter DRG-Grupp klassifizéiert kënnen ginn, der gesetzlecher Krankekeess ënnerschiddlech vill Käschte pro Behandlungsfall, jee nodeem a wéi enger Klinik sech de Patient behandelé léisst?

2. Wa jo, wéi kommen dës Ënnerscheeder an de Käschten tëscht den eenzele Kliniken bei der Behandlung vu stationäre Patienten, déi zum nämlechen DRG-Grupp gehéieren, zustanen?

3. Wéi eng Klinik ass déi, déi duerchschnëttlech pro stationäre Patient am meeschte Käschte fir d'gesetzlech Krankekeess produziéiert?

4. Wéi eng Klinik ass déi, déi duerchschnëttlech am mannste Käschte pro stationäre Patient fir d'gesetzlech Krankekeess produziéiert?

5. Bestinn – jee no Region am Land – Opfälligkeiten, wou hei am Land fir stationär Patienten, déi zum selwechten DRG-Grupp klassifizéiert kënnen ginn, d'Behandlung ënnerschiddlech Käschte produziéiert?

6. Kascht d'Behandlung am ländleche Raum eventuell méi oder manner, ewéi an de gréissere Ballungszentren?

7. Huet deen Ënnerscheed an de Käschten tëscht de verschiddene Kliniken een Afloss op d'Qualitéit vun der stationärer Behandlung?

8. Wéi ginn d'gesetzlech Krankekeess mat esou Ënnerscheeder ëm?

9. Wéi sinn dës Ënnerscheeder ze rechtfäerdeg?

## Réponse commune (01/06/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

Am Finanzéierungsmodus sinn d'Käschte fir Spidolsopenthalter, déi op änlechen Diagnose baséieren, spréchen dem selwechte sougenannten „Diagnostic related groups“ (DRG) ugehéieren, innerhalb vum engem Spidol, wéi och tëscht de Kliniken, ënnerschiddlech. D'Erklärung fir dës Ënnerscheeder ass, dass de Präis vum engem Spidolsopenthalter, deen an e spezifeschen DRG klasséiert gëtt, vun der Dauer, vun den duerchgeföhrten Spidolsleeschungen oder nach vun den Doktersakten ofhängeg ass, an dës jee no Openthalter am selwechte Spidol oder och a verschiddene Spideeler variéieren.

Generell ass ze bemerken, dass d'Spideeler zu Lëtzebuerg net duerch en DRG-System finanzéiert ginn. D'Finanzéierung vu Spidolsleeschungen zu Lëtzebuerg baséiert op engem System, an dem d'Prestatiounen vum engem Spidol jee no Aktivitéit bezuelt ginn. D'Präisser fir déi verschiddene Leeschungen ginn tëscht de Spideeler an der CNS verhandelt, déi innerhalb vun der „Enveloppe budgétaire globale des dépenses du secteur hospitalier“ mussen leien. Dës Enveloppe ass am Artikel 74 vum Code vun der sozialer Sécherheet definéiert a gëtt all zwee Joer fixéiert op Basis vum engem Avis vun der Generalinspektioun vun der sozialer Sécherheet an den Avisen, déi musse virleie laut dem Artikel 74. Zu de Käschten vun de Spidolsleeschungen kommen dann d'Käschte fir déi medezinnesch Behandlung separat dobäi, an dës no engem System „facturation à l'acte“.

De Finanzéierungssystem, wéi en aktuell zu Lëtzebuerg gëllt, erlaabt et net, d'Käschte vun de véier Kliniken mat de Käschte vu Spidolsstrukturen am Ausland ze vergläichen, well keng vergläichbar Donnéeën virleien.

An deem Sënn hunn d'Spideeler stationär an ambulatorisch Aktivitéiten, déi variéieren en fonction vun de Services hospitaliers, déi autoriséiert goufe pro Etablissement. D'Käschte stellen Duerchschnëttkäschten duer déi ofhängeg si pro Beräich vum Case Mix u Patienten, déi traitéiert ginn.

Global wäert dës Sujet deemnächst an enger Analyse vun der Generalinspektioun vun der sozialer Sécherheet verdéift ginn, déi soll publizéiert ginn.

Wat d'Qualitéit vun de Leeschungen betrëfft, déi an de Spideeler geluecht ginn, esou huet d'Spidolsreform vun 2018 déi gestärkt duerch eng Rei Krittären an Indicateuren.

## Accord « Privacy Shield » entre les États-Unis et l'Union européenne | Question 6102 (26/04/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

De 6. Oktober 2015 huet den Europäesche Gerichtshaff den Datschutzaccord „Safe Harbor“ tëscht der EU an de Vereenegte Staate fir ongültig erkläert. Dës besonnesch mat Referenz op déi staark Zougrieffsméiglechkeeten, déi amerikanesch Geheimdengschter domat op d'Donnéeën vu privaten EU-Bierger krut hätten. Am Bezuch op den Nofollegaccord „Privacy Shield“ koum et 2020 op en Neits zu sou engem Urteel. De 25.

März dës Joer gouf zu Washington dunn nach eng Kéier e neien Accord tëscht Vertrieeder vun der EU-Kommissioun an den USA ënnerschriwwen.

An deem Sënn géif ech dem Här Staats- an Digitalminister gären dës Froen stellen:

1. Kann den Här Minister matdeelen, a wéi engem prozedural Stadium deen aktuellen Accord sech befënnt, a wéi eng legal Basis aktuell fir den Datentransfer tëscht der EU an den USA applikabel ass?

2. Kann den Här Minister am Sënn vun der Fro virdru matdeelen, ob dësen neien Accord muss vun der Chamber ratifizéiert ginn?

3. Kann den Här Minister matdeelen, ob an op wéi eng Manéier sech d'Lëtzeburger Bierger beim Notze vu verschiddenen, digitale private Sericer, zum Beispill soziale Medien, gegebenefalls mussen drop astellen, datt dësen Accord och réckwierkend op hir Donnéeën kann applizéiert ginn?

4. Kann den Här Minister matdeelen, ob an op wéi eng Manéier d'Lëtzeburger Bierger sech am Kader vun dësem Accord nach juristescht dogéint wiere kënnen, datt hir Donnéeën an d'Vereenegte Staaten transferéiert ginn, oder bleift hinne just d'Méiglechkeet op déi entspreche digital Servicer an domat och en Deel vum soziale Liewen ze verzichten?

5. Kann den Här Minister elaboréieren, ob wéi eng Manéier garantéiert ass, datt kengerlee Daten, déi d'Lëtzeburger Bierger am Kader vun der Interaktioun mat staatlechen Institutiounen, och mat privaten Entrepreneuren an ëffentlecher Hand, matdeelen, an d'Vereenegte Staaten transferéiert ginn?

## Réponse (01/06/2022) de M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias

Wat d'Mechanisme fir d'Iwwerdroung vu perséinlechen Donnéeën an Drëttlänner ugeet, besonnesch an d'Vereenegte Staaten, wéi och den Impakt vun den Urteeler vum 6. Oktober 2015 a vum 16. Juli 2020, verweisen ech den honorabelen Deputéierten, sech op d'Äntwerten op déi parlamentaresch Froen N° 2574 vum 22. Juli 2020 an N° 4247 vum 10. Mee 2021 ze bezéien. Zousätzlech zu den Transfersinstrumenter, déi den néidege Schutzniveau vu perséinlechen Donnéeën garantéieren sollen, huet de Comité européen de la protection des données („EDPB“ op Englesch) am Juni 2021 Recommendationen<sup>1</sup> zu complémentaire Mesuren dozou adoptéiert. Am Februar 2022 huet den EDPB och Richtlinnen<sup>2</sup> zu de Codes de conduites fir d'Transferte publizéiert.

Am „Prinzipienaccord“, deen de 25. März 2022 vun der Präsidentin vun der europäescher Kommissioun an dem Präsident vun de Vereenegte Staaten ugekënnegt gouf, geet et haaptsächlech ëm déi regulatoresch Reformen, déi solle bezwecken, op amerikanescher Säit de selwechte Niveau u Garantien ze erreechen, fir dass eng nei „décision d'adéquation“ am Sënn vum Artikel 45 vum RGPD geholl ka ginn. Och wann dësen Accord eng weesentlech Etapp markéiert, mussen virun der Adoptioun vun enger neier „décision d'adéquation“ vun der Europäescher Kommissioun elo nach eng Rei Schrëtt erfollegen. Fir d'ëischt mussen déi ugekënnegt amerikanesch regulatoresch Reformen ëmgesat ginn. Dës ginn da vun der europäescher Kommissioun, sou wéi engem Comité, deen duerch den Artikel 93 Paragraphe 2 vum RGPD etabliert gouf, evaluéiert. De

<sup>1</sup> Recommendations 01/2020 : [https://edpb.europa.eu/our-work-tools/our-documents/recommendations/recommendations-012020-measures-supplement-transfer\\_fr](https://edpb.europa.eu/our-work-tools/our-documents/recommendations/recommendations-012020-measures-supplement-transfer_fr)

<sup>2</sup> Lignes directrices 04/2021 : [https://edpb.europa.eu/our-work-tools/our-documents/guidelines/guidelines042021-codes-conduct-tools-transfers\\_fr](https://edpb.europa.eu/our-work-tools/our-documents/guidelines/guidelines042021-codes-conduct-tools-transfers_fr)



Mechanismus vun den „décisions d'adéquation“ favoriséiert d'Zirkulation vun den Donnéeën sou wéi fir d'Stabilitéit vun den transatlanteschen Transferte vun Donnéeën. Dës Transferte sollen am Respekt vum europäesche Recht stattfannen, wéi dëst vum Europäesche Gerichtshaff interpretéiert gëtt.

**Organisation d'un diplôme d'études spécialisées en psychiatrie adulte et en pédopsychiatrie avec l'Université du Luxembourg | Question 6107 (27/04/2022) de M. Marc Hansen | Mme Josée Lorsché (déi gréng)**

Le rapport « État des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg » de 2019 épingle la psychiatrie comme une des spécialisations en médecine les plus menacées par la pénurie de médecins. En outre, la pandémie du Covid-19 a, d'une part, mis en évidence l'importance des soins en santé mentale et, d'autre part, la pénurie flagrante de psychiatres et pédopsychiatres à laquelle le Grand-Duché de Luxembourg se voit confronté depuis des années.

Pour améliorer cette situation, un concept relatif à l'organisation d'un diplôme d'études spécialisées en psychiatrie adulte et en pédopsychiatrie à l'Université du Luxembourg a selon nos informations été présenté récemment à Madame la Ministre de la Santé ainsi qu'à Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame et Monsieur les Ministres :

1) Madame et Monsieur les Ministres sont-ils favorables à l'organisation à court terme d'un diplôme d'études spécialisées en psychiatrie adulte et en pédopsychiatrie à l'Université du Luxembourg ? Endéans quel délai le concept présenté à Madame et Monsieur les Ministres serait-il le cas échéant réalisable ?

2) Est-ce que l'Université du Luxembourg a d'ores et déjà donné son aval pour l'organisation de la formation ?

3) Combien de médecins psychiatres pourraient y être formés et dans quel délai la première promotion pourrait-elle en l'occurrence être prête à renforcer les rangs de leurs consœurs et confrères ?

4) Madame et Monsieur les Ministres sont-ils favorables à ce que des synergies soient créées à l'Université du Luxembourg entre les filières de neurologie et de psychothérapie déjà existantes et la future filière en psychiatrie, afin que le travail d'équipe, s'avérant incontournable dans la pratique, puisse être ancré dans le système dès les études ?

**Réponse commune (01/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**

En réponse à la question parlementaire des honorables Députés Marc Hansen et Josée Lorsché concernant l'organisation d'études de spécialisation en médecine psychiatrique à l'Université du Luxembourg, nous avons l'honneur de vous informer que nous serions favorables à l'organisation d'un tel programme d'études à l'Université du Luxembourg.

Ainsi, en date du 18 octobre 2021, le Ministre de tutelle a saisi l'université concernant une éventuelle introduction d'un ou de plusieurs nouveaux programmes d'études en médecine. Le comité de médecine et santé du conseil de gouvernance de l'université a analysé les différentes options et la filière psychiatrie a émergé unanimement comme étant un des premiers choix. Lors de la réunion du conseil de gouvernance du 20 mai 2022, ce dernier a invité le recteur à analyser de

façon plus approfondie l'opportunité et les modalités pratiques de l'organisation d'un programme d'études menant au diplôme d'études spécialisées en médecine dans la discipline de la psychiatrie dans la perspective du prochain plan quadriennal de l'Université du Luxembourg portant sur la période 2026-2029.

Rappelons que les formations de spécialisations en médecine sont en grande partie tributaires des capacités de formation clinique dans les établissements hospitaliers luxembourgeois. Pour les spécialisations ouvertes en 2021 (oncologie et neurologie) elles sont de trois à cinq médecins en voie de spécialisation engagés par année, soit d'un total de 15 à 25 postes en régime constant. Toute nouvelle spécialisation aura probablement une capacité de formation similaire.

Concernant la disponibilité des futurs diplômés pour le système de santé luxembourgeois, il y a lieu de signaler que la mise en place de programmes d'études en médecine présuppose l'ancrage des critères de formation par voie législative moyennant adaptation de la loi du 31 juillet 2020 portant organisation d'études spécialisées en médecine à l'Université du Luxembourg, dont notamment la durée minimale de formation. Signalons que pour les spécialisations en psychiatrie, une durée minimale de formation de quatre années est requise en vertu de la directive 2005/36/CE relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles.

**Vente de homards vivants | Question 6110 (27/04/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)**

Hei am Land kritt een op verschiddene Plazen Homarden an aner Krustendéieren als lieweg Iesswuer ze kafen. D'Homarde gi mat Keefeger um Mieresbuedem gefaangen a verhongeren deelweis an dësen, ier se aus dem Waasser gezu ginn. Homarde si schmärzempfindlech Déieren, déi virun allem Hëtzt net verdroen. Trotzdeem ginn hinnen nach ëmmer d'Schéieren zesummegebonden a si gi lieweg a kachend Waasser gehait.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren fir Wirtschaft a Landwirtschaft dës Froe stellen:

1. Wéi eng Autorisatiounen a Pabeiere brauch eng Persoun oder Firma fir de Verkauf vun liewegen Déieren am Allgemengen? Brauch et eng speziell Autorisatioun fir de Verkauf vu liewegen Homarden?

2. – Wat fir Haltungsstandarde ginn et bei der Haltung vun Homarden ze respektéieren, vun der Aféierung an eist Land bis zum Verkauf an engem Geschäft oder Restaurant un de Consommateur?

– Wat fir Standarde si beim Transport vum Déier bis bei de Consommateur anzehalen?

– Sinn d'Ministeren der Meinung, dass dës Standarde genügend sinn?

3. Wat fir weider Déiere kënnen, wéi den Homard an aner Krustendéieren, als lieweg Iesswuer verkaaft ginn?

4. Deelen d'Ministeren d'Meenung, dass et net am Sënn vum Déiereschutz ass, fir den Déieren d'Schéieren zesummen ze strécken, se a klengen Aquariumen ze halen, fir se da schlussendlech lieweg a kachend Waasser ze geheien?

5. Gesinn d'Ministeren hei ee méigleche Konflikt mat der Verankerung vum Déiereschutz an der neier Verfassung souwéi am Déiereschutzgesetz vum 2018?

6. Wäert de Verkauf vu liewegen Déieren zu Lëtzebuerg weiderhi legal bliwen?

**Réponse (31/05/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

ad 1. D'Punkten 1 an 2 vum Art. 6 (2) vum Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 schreiweng ministeriell Erlabnis fir den Handel mat liewegen Déiere vir, déi ënnert d'Déiereschutzgesetz falen. Den Art. 2 vum Déiereschutzgesetz präziséiert, wat fir eng Déieren ënnert d'Déiereschutzgesetz falen. Homarde falen net ënnert d'Déiereschutzgesetz. Homarde sinn ugesinn als Fëschprodukter, déi am liewegen Zoustand konservéiert ginn.

ad 2. Vu dass et sech ëm Liewesmittel handelt, déi lieweg konservéiert ginn, falen dës Produkter ënnert déi europäesch an national Liewesmittelgesetzgebung, an et muss séchergestallt sinn, dass si beim Fang, beim Transport bis bei den Endkonsument dëse liewegen Zoustand behalen. Donieft muss selbsterständlech, wéi bei all anere Liewesmittel och, hei d'Liewesmittelsécherheet garantéiert sinn. Standarde berouen op wëssenschaftleche Krittären, a wann et op deem Niveau nei Erkenntnisser gëtt, soll d'Gesetzgebung un dës ugepasst ginn.

ad 3. Muschelen an Austere ginn och lieweg als Iesswuer verkaf.

ad 4. An deem Beräich gëtt et sécherlech nach Handlungsbedarf. Lëtzebuerg ass bereet do Efforten ze maachen a matzëhelfen, d'Gesetzgebung op EU-Niveau am Sënn vum Déierewuel ze verbessern.

ad 5. Wéi ënnert dem Punkt 1 präziséiert, falen d'Homarden net ënnert d'Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018.

ad 6. De Verkauf vu liewegen Homarden als Liewesmittel ass legal soulaang et keng Gesetzgebung gëtt, déi dat verbitt.

**Impact de la hausse des prix sur l'industrie laitière | Question 6114 (28/04/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)**

De Generalsekretär vum europäesche Mëllechindustrieverband European Dairy Association (EDA), Alexander Anton, huet rezent iwwert d'Auswierkunge vum Krich an der Ukrain op déi europäesch Mëllechproduktioun geschwat. Deemno géif sech ofzeechen, datt vill Molkereie weinst der Deierecht vun den Energiepräisser a weinst dem héije Präis vun der Rohmilch seriö Problemer hunn, fir nach kënnen weider ze fonctionéieren. An der Belsch ass scho konkret eng Molkerei dowéinst faillite gaangen.

Weider heescht et vum Generalsekretär, datt een sech virun allem Suerge weinst den héije Gaspräisser mécht. Déi weider Entwécklungen am Hëlblick op déi europäesch Versuergung mat Gas si bis dato schwéier anzuschätzen. Et zeechent sech awer of, datt, wann d'Gaspräisser staark klammen, respektiv wa verschidde Länner carrément vun der Gasversuergung ofgeschnidde ginn, d'Molkereibetriebe an deem Fall just nach a ganz begrenztem Ëmfank fonctionéiere kënnen – wann iwwerhaapt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass d'Regierung iwwert eventuell Problemer, mat deenen déi Lëtzebuurger Molkereien am Hëlblick op d'Energie- a Gasversuergung konfrontéiert sinn, informéiert? Wa jo, wéi gesinn dës Problemer konkret aus?

2. Wann d'Problematik iwwert d'Energiedierecht an d'Versuergung mat Gas sech weider verschäerft, wéi gedenkt d'Regierung, de Lëtzebuurger Molkereibetriebe ënnert d'Äerm ze gräifen?



**Réponse commune** (01/06/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

De Landwirtschaftsminister suiveiert d'Auswirkungen, déi de Krich an der Ukrain op de Secteur agricole huet, ganz intensiv. Op europäeschem Niveau stinn d'Landwirtschaftsministeren aus den einzelnen Länner am Kader vum Agrarconseil a ganz enkem Austausch. National huet de Landwirtschaftsminister de 15. März d'Verrieder vum Lëtzebuerger Schwéngssekteur geseinn, de 22. März an de 30. Mee d'Verrieder vum Lëtzebuerger Kären- a Fuddermëttelsekteur.

Zesumme mat der Landwirtschaftskammer huet de Landwirtschaftsminister de 20. Mee een éischten Zwëschenbilan, iwwert déi bis dohi sechs verschidde Mesuren fir de Secteur ze ënnerstëtzen, gezunn. Am Detail kënnen dës Mesuren um Site vum Landwirtschaftsministère ënnert folgenden Link nogelies ginn: <https://agriculture.public.lu/de/actualites/2022/mai-2022/crise-ukraine-mesures-soutenir-secteur-agricole.html>.

Betreffend déi speziell Situatioun, mat deenen déi Lëtzebuerger Molkereien am Hibleck op d'Energie- a Gasversuergung konfrontéiert sinn, war de 25. Mee 2022 eng Aarbechtsreunioun tëscht dem Landwirtschaftsminister souwéi der Direktioun an dem Comité vum der gréisster Lëtzebuerger Molkerei. Et ass gewosst, dass d'Mëllechveraarbechtung Energie intensiv ass an datt dofir den Impakt vum den aktuellen Energiekäschte grouss ass.

Den Tripartite-Accord vum 31. März 2022 gesäit zwou Bähilëfe vir, fir d'Betriber am Kontext vum der Energiedierecht ze ënnerstëtzen: engersäits e Garantiesgesetz fir de Betriber am Fall vu Liquiditéitsproblemer, wéinst dem Impakt vum Krich an der Ukrain, den Accès zu Bankprëten ze vereinfachen, an anerersäits en Energiekompensatiounsregime. Den Detail vum dësem Mesurë gouf an der Äntwert op d'Question parlementaire N° 6070 vum 15. Abrëll 2022 erkläert. Molkereibetriber, déi d'Konditiounen erfëllen, wäerte vum dësen Hëllef profitéiere kënnen, ënnert der Bedingung, dass se eng Autorisation d'établissement hunn.

**Arrêt de la Cour de justice de l'Union européenne relative aux prestataires de services d'intermédiation immobilière** | Question 6118 (28/04/2022) de **M. Serge Wilmes** (CSV)

An engem rezenten Urteel (C-674/20) Airbnb Ireland huet den europäesche Gerichtshaff mat Sëtz um Kierchbierg festgehale, dass „[u]ne législation régionale belge obligeant les prestataires de services d'intermédiation immobilière et, notamment, les responsables d'une plate-forme électronique d'hébergement à transmettre à l'administration fiscale certaines données relatives aux transactions d'hébergement touristique n'est pas contraire au droit de l'Union“.

Airbnb Ireland hat geklot, dass dës Legislatioun méiglecherweis géint EU-Recht a méi spezifesch d'Direktiv betreffend den elektronischen Handel kéint verstoussen. Deem ass wéi gesot net esou.

Duerfir wéilt ech folgend Froen un den Här Wirtschaftsminister, un den Här Mëttelstandsminister, un d'Madamm Inneministesch an un den Här Medien- a Kommunikationsminister stellen:

– Wéi bewäert d'Regierung dëst Urteel?

– Wäert d'Regierung een änleche Wee aschloen, wéi d'Regioun Bréissel, an déi betreffen Dëngschtleeschter dozou verflüchten, ofgeschlossenen Transaktiounen dem Lëtzebuerger Fiskus matzedeele?

• Wa jo, ass d'Regierung gewëllt zäitno eng legislativ Initiativ an deem Sënn ze huelen?

• Wann nee, wéi eng Argumenter (juristescher Natur an anerer) schwätzen dogéint?

– Géif esou eng Dispositioun hei zu Lëtzebuerg net dofir suergen, dass déi oft beschriwwen deloyal Konkurrenz tëscht Airbnb als Vermëttler an Hotellsbetriber, zumindest zum Deel, behuewe kéint ginn?

– Sinn d'Gemengen hei zu Lëtzebuerg legal dozou ermächtegt, eng änlech Reglementatioun wéi d'Regioun Bréissel ze erloossen?

• Wa jo, op wéi enger Basis?

• Wann net, wat schwätzt dogéint?

**Réponse commune** (01/06/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

A senger parlamentarescher Fro referéiert den honorabelen Deputéierten sech op dat rezent Urteel „Airbnb Ireland UC – C-674/20“ vum Europäesche Gerichtshaff vum 27. Abrëll 2022.

An dësem Arrêt ass et ënnert anerem ëm d'Fro gaangen, ob eng Reglementatioun, déi fir Vermëttler vun touristeschen Hebergementer eng Informationspflicht vis-à-vis vum der Steierverwaltung virgesäit, géint d'Direktiv 2000/31/CE vum 8. Juni 2021 („d'Direktiv 2000/31/CE“) oder géint d'Dëngschtleeschtingsfräiheet verstéisst. Am Urteel kënn den Europäesche Gerichtshaff zum Schluss, datt sou eng Reglementatioun net an den Uwendungsbereich vum der Direktive 2000/31/CE fällt an och net géint d'Dëngschtleeschtingsfräiheet verstéisst.

D'Direktiv 2021/514 vum 22. März 2021 („d'DAC 7 Direktiv“) féiert nei deklarativ Obligatiounen fir déi digital Plattformen an.

D'DAC 7 Direktiv verstärkt den Austausch vun Informatiounen am Steuerbereich tëscht den EU Länner. Déi betreffen Operateure mussen zum Beispill eng ganz Rei vun Informatiounen iwwert d'Transaktiounen (zum Beispill d'Identitéit vum Proprietär, d'Adress vum der Immobilie, d'Montante vum den Transaktiounen an d'Locatiounsperioden), déi iwwert hir Plattformen ofgewéckelt ginn, un d'Steierverwaltung vum deem Land, wou se hire Sëtz hunn iwwermëttelen. Dës Informatiounen ginn da mat de Steierverwaltungen vum den anere betreffenen EU-Länner ausgetosch, fir eng besser Applikatioun vum Steiergesetz ze erlaben. Dës Direktiv soll bis den 1. Januar 2023 ëmgesat ginn, an de Gesetzesprojet iwwert d'Ëmsetzung vum der DAC 7 Direktiv an nationaalt Recht wäert deemnächst ageuecht ginn.

Wéi schonn an den Äntwerten op viregt parlamentaresch Froen ugedeit, huet de Minister fir Mëttelstand e Gesetzesprojet (N° 7989) op den Instanzewee bruecht, dee jiddereen obligéiert, dee méi wéi dräi Méint an engem Joer Hebergementer un Touristen zur Verfügung stellt, eng Handelsmächtegung fir Hotelaktivitéiten ze froen. Domat wäerten dës Aktivitéiten deene selwechte Reegelen ënnerleie wéi déi vum den Hotellsbetriber.

D'Gemenge sinn net kompetent, fir eng Reglementatioun anzeféieren, déi als Objet eng Informationspflicht fir Vermëttler vun touristeschen Hebergementer vis-à-vis vum der Steierverwaltung huet.

**Gestion définitive des déchets radioactifs** | Question 6122 (29/04/2022) de **M. Gusty Graas** | **M. Max Hahn** (DP)

Une décision sur la gestion définitive des déchets radioactifs en Belgique semble se concrétiser, comme la

Ministre fédérale de l'Énergie belge a annoncé lors d'une conférence de presse le 27 avril. En effet, un large processus participatif sera organisé prochainement avec la société civile et tous les acteurs concernés, dont le point de départ sera le stockage géologique, qui semble être décidé, et qui selon l'Organisme national des déchets radioactifs (ONDRAF) serait non seulement technologiquement faisable, mais dont la sûreté à long terme pourrait également être garantie.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

1) Quelle est la position du Gouvernement luxembourgeois au sujet du stockage géologique définitif de déchets radioactifs ?

2) Monsieur le Ministre est-il en contact avec les autorités belges dans le cadre du processus de prise de décision en cette matière pour insister sur la position luxembourgeoise et le risque inacceptable qu'une telle installation présenterait pour notre pays, si jamais elle était localisée près de notre frontière, ou même dans la région du bassin versant du lac de la Haute-Sûre ?

3) Monsieur le Ministre est-il au courant de sites potentiels concernant le stockage définitif de déchets radioactifs ? Dans l'affirmative, quels sont ces sites ?

**Réponse commune** (15/06/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) La directive 2011/70/Euratom prévoit que tous les États membres sont responsables de la gestion des déchets radioactifs et du combustible nucléaire usé générés sur leur territoire. Par ailleurs, tous les États membres doivent mettre en œuvre un programme national couvrant toutes les étapes de l'élimination des déchets jusqu'à leur évacuation.

C'est dans ce contexte que la Belgique a engagé un processus décisionnel qui, dans la phase actuelle, vise à prendre la décision politique du stockage géologique. Avant d'acter cette décision, un processus participatif avec la société civile et tous les acteurs concernés est engagé. Ceci constitue donc une démarche transparente vis-à-vis du public, afin de remplir les obligations de la directive 2011/70/Euratom.

Le stockage géologique est considéré au niveau international comme la seule solution de gestion permettant d'isoler les déchets de haute activité et/ou de longue durée de vie de l'homme et de l'environnement.

ad 2) Le 15 avril 2020, le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable luxembourgeois, a été informé par courrier électronique du lancement de la procédure de consultation du public sur le projet de plan de l'ONDRAF pour la gestion à long terme des déchets de haute activité et/ou de longue durée de vie et sur le rapport sur les incidences environnementales y afférent (ci-après le « Rapport »). Le courrier contient également les informations relatives aux modalités de la consultation du public belge et indique le site Internet sur lequel se trouvent les documents soumis à enquête publique en Belgique.

Des informations ont été portées à la connaissance du public luxembourgeois le 12 mai 2020 lors d'un point presse, d'un avis dans quatre quotidiens luxembourgeois et sur le site Internet [www.emwelt.lu](http://www.emwelt.lu). Les remarques et observations du public et des administrations concernées, ensemble avec la position du Gouvernement, ont été transmises le 11 juin 2021 aux autorités fédérales belges compétentes en la matière.



ad 3) À ce stade, la discussion porte sur le principe du stockage géologique dont il s'agit d'acter la décision politique. Le choix d'une formation géologique hôte, et par conséquent d'un site, n'est pas à l'ordre du jour pour la fixation de la base de la politique nationale belge de gestion à long terme de ces déchets.

Toutefois, depuis maintenant 40 ans, la Belgique exploite un laboratoire de recherche dans l'argile peu indurée à Mol. En fait, la région de Flandre est la seule région en Belgique disposant de ce type de formation géologique. Alors que cette argile est désormais bien connue et que d'autres formations géologiques n'ont pas fait l'objet de recherches en Belgique, il est à ce jour peu probable qu'une décision pour un site autre qu'un site dans une argile peu indurée ne soit prise rapidement.

Il est à noter que de telles recherches prennent des années, voire des décennies, et sont donc accompagnées d'un processus lors duquel les avis de nombreux acteurs seront sollicités.

## Test du système national d'alerte | Question 6129 (02/05/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

Am Kader vum Lëtzebuerger Warnsystem kritt haut déi gesamt Bevëlkerung eng Test-Warn-SMS geschéckt.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Innenministeresch:

1. Op wat fir eng Manéier kënn de Staat un d'GSM-Nummere vun allen Awunner vum Land? Ass garantéiert, datt all Awunner erreecht gëtt?
2. Kënnen esou Messagen iwwer SMS och differenziéiert ginn, z. B. nëmmen u Leit, déi no beim Waasser wunnen, oder cibléiert op verschidde Gemengen?
3. Ass dës Aktioun konform zu de gesetzleche Bestëmmungen iwwer den Dateschutz?

**Réponse commune** (01/06/2022) de **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre de la Digitalisation

Bei enger nationaler Alerte schécken d'Mobilfunkbedreiwer SMSen un alleguer d'Handyen, déi sech dee Moment vun der staatlecher Initiativ, fir eng Warnung erauszeschécken, an enger ausgewielter Zon befannen (national oder lokal). D'Warnung kënn doropshi bei dës Leit op den Handy. De Staat huet zu kengem Moment Zougrëff op perséinlech Donnéeën vun dëser Leit. Den Dateschutz ass deemno garantéiert.

## Test du système national d'alerte | Question 6135 (03/05/2022) de M. Max Hengel (CSV)

Den nationale Warnsystem vun SMSen a Sireenen ass haut, den 2. Mee landeswäit getest ginn. An deem Kader sollten all Awunner eng Test-Warn-SMS geschéckt kréien. D'EU-Direktiv 2018/1972 iwwert den europäesche Kodex fir elektronesch Kommunikatioun gesäit jo bekanntlech fir, datt fir de Summer 2022 europawäit performant ëffentlech Warnsystemer am Asaz sinn. Laut mengen Informatiounen a laut Aussoe vu Biergerinnen a Bierger op de soziale Reseae krute vill Leit dës SMS ze spët respektiv iwwerhaupt net. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N° 5917 hunn d'Ministère d'Grënn fir d'Afëiere vum SMS-System erkläert a firwat ee momentan nach net op de Cell Broadcast kann zeréckgräifen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm Innenministeresch an den Här Minister fir d'Digitaliséierung stellen:

– Kënnen d'Ministère d'Informatioun konforméieren, dass vill SMSen ze spët, respektiv guer net ukomm sinn? Wa jo, wat sinn d'Grënn dofir a wéi sollen dës Problemer behuewe ginn?

– Sinn d'Ministère der Meinung, dass een aus den uewe genannte Grënn de Cell Broadcast net awer eng besser Alternativ par Rapport zum SMS-Warnsystem wär? Wa jo, wat ënnerhëlt d'Regierung fir den Develloppement vum Cell Broadcast weider virun ze dreien?

**Réponse commune** (01/06/2022) de **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre de la Digitalisation

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5917 schonn erkläert gouf, setzt d'Regierung hiren neie Warnsystem an e puer Phasen en place. Dëse System soll et an Zukunft erlaben, Alerten iwwer eng zentral Warnplattform (woubäi méi Kanäl ugesteuert kënnen ginn) un d'Bevëlkerung ze schécken. Bis den neie multikanale System operationell ass, ginn d'Leit an enger éischter Phas och schonn iwwer SMS alertéiert. Nodeems dës Moyaen déi éischte Kéier bei den Intempérien am Februar 2022 agesat gouf, gouf den 2. Mee och den éischten Test am Kader vun der nationaler Teststrategie duerchgefouert.

De gréissten Deel vun den SMSen, déi d'Mobilfunkbedreiwer verschéckt hunn, sinn an engem akzeptablen Zäitraum ukomm. Bei engem Operateur goufen et deelweis méi laang Delaien, wat op en technesche Problem zréckzeféiere war, deen an der Tëschenzäit awer identifizéiert konnt ginn. Dës ënnersträicht d'Wichtigkeet vu regelméissegen Tester, a bestärkt d'Regierung op dësem Wee. De Cell Broadcast-System wäert et an Zukunft erlaben, ganz vill Leit a ganz kuerzer Zäit ze errechen.

Aus verschiddene Grënn kann et virkommen, datt SMSen guer net ukommen, well den Handy net am Reseau connectéiert ass. Grënn dofir kënnen de „Flugmodus“ oder schlechten Ëmfank (Keller, Funkloch) sinn. Wann een no un der Landesgrenz wunnt, kann et och virkommen, dass een an engem auslännesche Reseau connectéiert ass. Dës Onerreechbarkeet ka bei all techneschem Moyaen virkommen, wat och erkläert, wéisou d'Regierung Warnungen an Zukunft iwwer e multikanale System wëll diffuséieren, mam Zil, souvill Leit wéi méiglech ze errechen.

## Étude sur le temps de travail | Question 6138 (04/05/2022) de Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)

En date du 28 avril 2022, Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire a annoncé à la tribune de la Chambre des Députés la commande d'une étude sur la réduction du temps de travail.

Monsieur le Ministre n'a pourtant pas donné plus d'indications sur la finalité et la portée de l'étude.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre :

- 1) Quel organisme sera chargé de l'élaboration de la dite étude ?
- 2) Quelle échéance Monsieur le Ministre envisage-t-il pour la finalisation voire la publication de l'étude ?
- 3) Quelle sera la portée de l'étude ? Se limitera-t-elle aux aspects économiques du temps de travail ou l'accent sera-t-il également mis sur d'autres aspects, notamment les effets d'une réduction du temps de travail sur la santé et le bien-être des travailleurs ou sur la protection du climat ?

4) Quel est l'objectif visé par cette étude ? Monsieur le Ministre envisage-t-il de légiférer en vertu d'une réduction du temps de travail ?

**Réponse** (14/06/2022) de **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1) Actuellement, le Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire est en train de recenser les différents organismes pouvant réaliser une telle étude.

ad 2) Cela dépend de la durée que l'élaboration de l'étude prendra.

ad 3) Le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire est d'avis qu'il faut analyser la question de la réduction du temps de travail dans sa globalité. Il est primordial d'analyser aussi les éventuels effets de la réduction du temps de travail sur la santé, sur l'égalité entre hommes et femmes, sur le climat, le bien-être au travail, la qualité de vie, etc.

ad 4) Une telle étude analysant la réduction du temps de travail dans sa globalité devrait faciliter la discussion relative au sujet en question.

## Accueil des enfants par les maisons relais | Question 6162 (10/05/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

De 5. Mee war an der Chamber den ëffentlechen Debat zur Petitioun N° 2061, déi Hëllef fir Eltere gefuerdert huet, déi hir Kanner net an eng Maison relais ginn. Am Kader vun dësem Debat war d'Méiglechkeet ugeschwat ginn, fir ausrechnen ze loosse, wéi vill de Staat am Schnëtt fir d'Betreiung an enger Maison relais fir ee Kand bezuelt.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir Héichschoul a Fuerschung an der Innenministeresch dës Froe stellen:

1. Kënnen d'Ministère mir eng Estimatioun ginn, op wéi vill sech d'Fonctionnementskäschte vun enger Maison relais an enger grousser Gemeng (iwwer 10.000 Awunner) chiffrieren?
2. Wat fir ee Montant pro Kand géng sech hei eraus erginn?
3. Kënnen d'Ministère mir eng Estimatioun ginn, op wéi vill sech d'Fonctionnementskäschte vun enger Maison relais an enger grousser Gemeng (ënner 10.000 Awunner) chiffrieren?
4. Wat fir ee Montant pro Kand géng sech hei eraus erginn?
5. Wéi vill Kanner stinn op Waardelëscht fir eng Plaz an enger ëffentlecher Maison relais?

**Réponse** (14/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Laut dem Joresdekont vun 2019 beleeft sech de staatleche Käschtepunkt vun de Fonctionnementskäschten (Personal a Fonctionnementskäschten) vun enger Maison relais (Betreiungs- a Bildungsstruktur vu Schoulkanner) an enger grousser Gemeng am Schnëtt op ongeféier 4,4 Milliounen Euro d'Joer.

ad 2. De Käschtepunkt vun enger Betreuungsplaz an dëser Struktur läit bei 5.575 Euro d'Joer.

ad 3. Laut dem Joresdekont vun 2019 beleeft sech de staatleche Käschtepunkt vun de Fonctionnementskäschten (Personal a Fonctionnementskäschten) vun enger Maison relais (Betreiungs- a Bildungsstruktur vu Schoulkanner) an enger klenger Gemeng am Schnëtt op ongeféier 0,9 Milliounen Euro d'Joer.



ad 4. De Käschtepunkt vun enger Betreuungsplaz an dëse Struktüre läit bei 4.455 Euro d'Joer.

ad 5. D'Waardelëscht gi vun den eenzele Gestionnaire gefouert an de Staat huet keen Abléck an dës Waardelëscht.

**Frais de transport des patients à l'étranger payés par la CNS** | Question 6165 (10/05/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Heiansdo kënn et vir, dass Leit, déi zu Lëtzebuerg net kënnen medezinesch behandelt ginn, fir hir Behandlung an d'Ausland mussen fueren. D'CNS iwwerhëlt a verschidene Fäll een Deel vun de Transportkäschten, wann ee Patient am Ausland muss behandelt ginn.

An deem Zusammenhang wëllt ech dem Minister fir Sozialversicherung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Mol goufen an de leschte fënnef Joer d'Transportkäschte vu Patienten am Ausland iwwerhollt? (opgeschlësst no Joer)

2. Wéi vill Euro goufen an deene leschte fënnef Joer vun der CNS fir Transportkäschte vu Lëtzebuerg an d'Ausland bezuelt? (opgeschlësst no Joer)

**Réponse** (01/06/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

Fir d'Statistiken iwwert d'Transportkäschten opzestellen ass op déi administrativ Datebank vun der Gesondheetskeess zeréckgegraff ginn. D'Zuelen, déi hei presentéiert ginn, concernéieren déi gesamt Populatioun, déi bei der Lëtzeburger Krankenversicherung assuréiert ass an hiren Transport vun der Krankenversicherung zeréckbezuelt krut. D'Joer 2017–2021 sinn analyséiert ginn. D'Joer 2021 ass awer nach net komplett.

ad 1. (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 2. D'Transportkäschten, déi an der Tabell 2 virgestallt ginn, sinn op d'Trajeten, déi an der Tabell 1 affichéiert goufen, zeréckzeféieren.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

**Chirurgie esthétique** | Question 6168 (11/05/2022) de **M. Gusty Graas** (DP)

Une étude de l'International Master Course in Aging, un congrès européen réunissant les professionnels du secteur de la chirurgie et de la médecine esthétique, a révélé que depuis 2019, les 18 à 34 ans ont davantage recours à la chirurgie esthétique que les 50 à 60 ans.

En France, le nombre d'interventions en chirurgie esthétique a ainsi bondi de 20 % en 2020.

Cet intérêt accru pour les interventions esthétiques attire également des faux professionnels sans formation adéquate. Cela représente un réel risque pour les patients, qui peuvent se retrouver avec des déformations du visage, une peau rétractée ou des croûtes noires.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Est-ce que le nombre d'interventions esthétiques par année est connu au Luxembourg ?

2) Madame et Monsieur les Ministres disposent-ils de chiffres concernant les patients traités au Luxembourg pour des effets secondaires indésirables causés par

des interventions de chirurgie ou médecine esthétique ?

3) Dans l'affirmative, quel est l'âge des patients traités ?

4) Madame la Ministre dispose-t-elle d'informations sur des « faux professionnels » qui proposent des traitements dans le domaine de la médecine esthétique au Luxembourg ? Dans l'affirmative, comment le Ministère de la Santé entend-il lutter contre ces traitements médicaux illégaux ?

**Réponse commune** (14/06/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) Le nombre d'interventions esthétiques n'est pas connu au Luxembourg.

ad 2) et 3) Le Ministère de la Santé ne dispose d'aucune information sur le traitement de patients pour des effets secondaires indésirables causés par des interventions de chirurgie ou de médecine esthétique.

ad 4) Le Ministère de la Santé n'a pas connaissance de « faux professionnels » qui proposent des traitements dans le domaine de la médecine esthétique au Luxembourg.

En ce qui concerne la lutte contre d'éventuels traitements médicaux illégaux, les fonctionnaires de la Direction de la santé disposant de la qualité d'officiers de police judiciaire sont autorisés à effectuer des contrôles dans les cabinets et peuvent ainsi constater d'éventuels exercices illégaux.

**Autopsies** | Question 6174 (11/05/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** | **M. Dan Biancalana** (LSAP)

En Belgique, la problématique des homicides qui échappent à la justice pénale fait actuellement débat. On estime que chez nos voisins, au moins 75 morts suspects passent annuellement sous les radars.

1) L'un des moyens les plus efficaces pour faire la différence entre mort naturelle et homicide étant l'autopsie, nous aimerions savoir de Madame la Ministre de la Santé combien d'autopsies sont annuellement effectuées dans le service du Laboratoire national de santé (LNS) et quelles en sont les raisons ?

2) Comment se situe notre pays par rapport à d'autres pays comme l'Allemagne (8 % d'autopsies), USA (12 %) et même 30 à 50 % dans les pays scandinaves ?

3) Dans combien de cas des décès jugés comme naturels ont pu être détectés comme meurtres après autopsie ?

4) La Ministre dispose-t-elle d'estimations sur le nombre d'homicides qui passent pour des morts naturelles ?

**Réponse commune** (14/06/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) Une centaine d'autopsies médico-légales sont réalisées chaque année par le Département de médecine légale du Laboratoire national de santé, ainsi qu'une trentaine d'autopsies cliniques par an sont effectuées par le « Centre national de pathologie » du Laboratoire national de santé.

Les autopsies médico-légales sont effectuées à la demande des autorités judiciaires compétentes alors que les autopsies clinico-pathologiques sont généralement réalisées à la demande du médecin traitant.

À noter que les autopsies médico-légales sont pratiquées dans le but de confirmer ou d'infirmer une suspicion de mort non naturelle – s'il existe déjà à la

base des indices d'une mort non naturelle – et donc de clarifier le type de décès alors que l'autopsie clinico-pathologique sert généralement à contrôler la qualité du prétraitement médical en déterminant l'étendue de la maladie sous-jacente, voire de mesurer l'efficacité des mesures thérapeutiques et de clarifier la cause immédiate du décès.

ad 2) Au Luxembourg, le taux des autopsies médico-légales se situe entre 2 et 2,5 % de toutes les personnes décédées. Ce taux est comparable à celui de l'Allemagne, qui se situe entre 2 à 5 %. En revanche, le taux global (autopsies médico-légales et clinico-pathologiques confondues) est d'environ 3 % et se situe bien en deçà des taux allemands et américains.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 3) Des décès initialement jugés comme naturels, qui se sont avérés être des homicides après autopsie, n'ont pas encore été identifiés (depuis avril 2014). À noter que les décès jugés comme naturels ne font généralement pas l'objet d'une autopsie médico-légale.

ad 4) Le nombre d'homicides non détectés au Luxembourg (et aussi dans d'autres pays) ne peut être qu'estimé. En Allemagne, les études menées à ce sujet aboutissent à la conclusion que jusqu'à 10.000 décès non naturels sont classés annuellement comme décès naturels et jusqu'à 1.200 homicides par an restent non détectés. Par rapport au Luxembourg, cela signifierait qu'environ 45 décès non naturels supplémentaires et environ 5 homicides non détectés devraient être supposés chaque année.

Pour détecter les indices d'une mort non naturelle, il demeure fondamental qu'une autopsie médicale soit effectuée consciencieusement et que le certificat de décès soit rempli correctement. L'autopsie n'étant pas seulement un moyen pour déterminer la mort, mais cette dernière permet également de définir si d'autres examens demeurent nécessaires avant l'enterrement, voire l'incinération, ou si d'autres investigations doivent encore être menées. Une deuxième autopsie avant la crémation pourrait conduire à un meilleur taux d'élucidation. Cela permettrait notamment de vérifier la plausibilité des certificats de décès et de découvrir les décès non naturels (initialement classés comme naturels). Le Gouvernement a entamé des réflexions en ce sens.

**Gestion du temps dans le secteur de la santé** | Question 6180 (11/05/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Den „Time Management“ huet sech an der Wirtschaft duerchgesat. Säin Zil ass et, d'Produktivitéit ze steigern, andeems fir all Aarbecht, déi am Betrib ufält, eng Zäit errechent gëtt, déi d'Salariéen anhale mussen. Déi Praxis, déi an alle Secteure scho fir vill Onzeffridenheet gesuergt huet, ass och am Gesondheetswiese verbreet. An och hei héiert ee vu Gesondheetspersonal, datt déi Zäite fir vill Patienten ze knapp bemooss sinn an datt déi knapp Zäit zu Laaschte vun der Qualitéit vum Service a vun der Gesondheet vu Patient a Personal geet. Duerfir hätt ech dës Froen un d'Madamm Gesondheetsminister an den Aarbechtsminister:

1. Kontrolléiert d'Regierung um Aarbechtsmaart, wéi realistesch d'Zäitvirgawe vun Entrepreneuren fir hir eenzel Missiounen sinn, fir sécherzestellen, datt den Drock op d'Salariéen net ze grouss gëtt?

2. Wa jo, wéi eng Verwaltung ass fir esou Kontrollen zoustänneg?

3. Wann neen, wär net op d'mannst am Gesondheetswiesen esou eng Kontroll ubruecht, well et hei jo net just ëm d'Produktivitéit vun engem Betrib geet, mee



haaptsächlech ëm d'Wuelbefanne vum Patient? Wéi eng Verwaltung aus dem Gesondheetswiesen ass fir esou Kontrollen gëeegent?

4. Ass et net um Gesondheitsministère fir bis an den Detail Zäitvirstellung fir medezinesch Handlung festzelleen an dës mat der Realitéit an de Spideeler a besonnesch de personelle Méiglechkeete vun dësen ze konfrontéieren – dëst am Kader vun der Suerg ëm eng qualitativ héichwäerteg Medezinn?

5. De Problem vun de Maternitéiten ass jo an der Aktualitéit. Mee net nëmmen hei geet et bei Dokteren, Infirmieren an Infirmiëren ëm d'Attraktivitéit vum Beruff a leschten Enns drëm, genuch Personal ze fanen. Gëtt et eng Lëscht vun deene Spidolsdëngschter, déi am meeschten ënner Personalnot leiden, zum Beispill Radiographie oder Anästhesie?

6. Wat mécht d'Regierung fir Lëtzebuerg, fir Spidolspersonal an Dokteren attraktiv ze maachen? Gëtt et en Dialog mat de Spideeler fir Prioritéiten ze setzen a Personalproblemer ze diskutéieren?

**Réponse commune** (14/06/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministère de la Santé | **M. Georges Engel**, Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1. D'Organisation vun den Aarbechtssofleef an d'Kontroll vum „Time Management“ falen ënnert déi legal Dispositiounen vum Aarbechtsrecht an d'Responsabilitéit vun den Entrepreneuren an d'Prinzipie gi spezifesch respektiv am gewerkschaftlechen Echange duerch Kollektivverträge festgehalen.

ad 2. D'Inspection du travail et des mines (ITM) ass fir d'Kontroll a puncto Aarbechtsrecht zoustänneg.

ad 3. Am Gesondheitssektor gi fir d'Spideeler d'Aarbechtsorganisatioun an dorobber baséierend d'Normen fir d'Fleegepersonal duerch déi paritéitesch Commission des normes am Kader vun der Convention FHL-CNS fixéiert. D'Commission des normes stellt d'Methodologie op am Zesummenhang mat der Norm wat d'Personal an de Spideeler betrëfft a kontrolléiert och, dass dës Normen à jour sinn (cf. <https://fhlux.lu/web/lassociation/commissions/>). De Suivi vum Wuelbefanne vum Spidolspersonal gëtt assuréiert vum SIST-FHL, deen de Service de santé au travail fir d'Etablissementer vun der FHL duerstellt.

Am stationäre Beräich erlaabt den Outil PRN, fir d'Aktivitéiten ze norméieren an dotéieren. Am ambulante Beräich ass et eng paritéitesch Verhandlung tëscht FHL a CNS, déi d'Norme fixéiert an aktualiséiert.

Global kann ee fir d'Spidolswiesen awer ervirhiewen, dat déi nei Technologien och sollen eng Entlastung fir d'Personal mat sech bréngen, duerch e méi einfachen Echange vun Informatiounen, en automatiséierten Traitement vun den Donnéeën etc., déi d'administrativ Aarbecht sollen erliichteren a reduzéieren. Dëst ass och ee vun den Ziler vun der Digitaliséierung am Gesondheetswiesen an haaptsächlech an de Spideeler.

Den Chief Nursing Officer, dee beim Gesondheitsministère ugesidelt ass, ass ënner anerem och fir d'Wuelbefanne vum Gesondheitspersonal zoustänneg a stellt eng Ulafstell fir d'Gesondheitsberuffer duer. D'Wuelbefanne vum Gesondheitspersonal geet „de pair“ mam Wuelbefanne vum Patient.

Doriwwer eraus ass den Chief Nursing Officer och am regelméissegen Kontakt mat der Association nationale des infirmières/iers de Luxembourg (ANIL) an tauscht sech iwwer eventuell Problemer a Verbesserungsméiglechkeeten am Beruff aus.

D'Universitéit vu Lëtzebuerg, a Collaboratioun (oder en collaboration) mat der ANIL, huet am Abrëll 2021

d'Etüd „LetzCare“ lancéiert. Den Objektiv vun dëser Etüd ass erauszefannen, wéi d'Infirmières/iers, déi zu Lëtzebuerg schaffen, hiren Alldag empfangen an den Exigenzen, déi mam Ausüben vum hirem Beruff verbundene sinn, gerecht ginn. 735 Infirmières/iers hunn un der Etüd deelgeholl. Déi definitiv Resultater vun der Etüd wäerten dem Gesondheitsministère virausziséicht am Hierscht presentéiert kënne ginn.

ad 4. Am Gesondheitssektor gi fir d'Spideeler d'Aarbechtsorganisatioun an dorobber baséierend d'Norme fir Fleegepersonal duerch déi paritéitesch Commission des normes am Kader vun der Konventioun FHL-CNS fixéiert.

Am Kader vun der Reform vun den Attributiounen vun den Gesondheitsberuffer wäert doriwwer eraus och de Fokus verstärkt op den alldäeglechen Ratio Zäitopwand-Aktivitéit vun de Gesondheitsberuffer geluecht ginn, sou wéi och op d'Kommunikatioun an d'Relation thérapeutique zwëschen dem Patient an dem Soignant, dëst fir souwuel d'Wuelbefanne vun de Soignanten wéi och vun den Patientinnen ze garantéieren.

ad 5. Déi verschidden Organismen vun der sozialer Sécherheet hu keng Donnéeën, déi et géifen erlaben, op d'Fro vum honorabelen Deputéierten iwwer de Recrutementmangel ze äntweren.

D'Determinatioun vun de Besoinen a puncto Personal vun deene verschiddene Spidolsdëngschter baséiert op engem standardiséierten System, wou d'Zäit fir déi verschidden Aktivitéiten definéiert sinn. Doraus ergëtt sech d'Unzuel u Personal, wat néideg ass, fir d'Aktivitéit ze bewällegen. Wann awer d'Aktivitéit méi héich ass, dann ass et natierlech méiglech, Upassung virzehuelen (temporär oder permanent), esou ewéi dat bei der Covid-19 Pandemie de Fall war. Mëttel- a laangfristeg soll awer en neie System den aktuellen „PRN“-System ersetzen, deen dann d'Besoinen vun de Spideeler, grad ewéi d'Exigence vun enger Budgetisatioun, besser erfasse kann.

ad 6. Verschidde Punkten am Zesummenhang mat dëser Fro ginn am Kader vum Gesondheitsdësch diskutéiert. Ënnert anerem wäert eng Campagne am September lancéiert ginn, déi de Fokus op d'Promotioun an d'Valorisatioun vun de Gesondheitsberuffer leet.

**Assistance à l'inclusion dans l'emploi** | Question **6181** (11/05/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Op meng parlamentaresch Fro (N° 6128) huet den Aarbechtsminister erkläert, dass säit der Aféierung vun der Assistance à l'inclusion dans l'emploi keen eenzege Patron a Mataarbechter dovunner profitéiert huet. Hei schéngt et also, wéi wann dës Projet keen Uklang dobausse fënnt oder weening Persounen doriwwer Bescheid wëssen.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wäert de Minister zousätzlech Schrëtt huelen, fir d'Assistance à l'inclusion dans l'emploi bei de Patronen an Aarbechter mat engem Statut de travailleur handicapé méi bekannt ze maachen?

– Wa jo, a wat fir enger Form an a wat fir engem Délai ass hei mat Moossnamen ze rechnen?

– Wann nee, firwat net?

2. Wéi steet de Minister dozou, d'Organisatiounen a Gewerkschaften, déi sech fir d'Rechter vun de Persounen mat Handicap a setzen, an esou ee Projet mat anzebeziehen?

**Réponse** (31/05/2022) de **M. Georges Engel**, Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Bis elo huet nach kee Patron an och kee Salaré vun der Aféierung vun der assistance à l'inclusion dans l'emploi profitéiert. Dat heescht awer net, dass se net no bausse promovéiert gi wär.

All Entreprise, déi eng „participation au salaire“ fir Salaré handicapés kritt, huet e courrier d'information iwwer d'assistance à l'inclusion dans l'emploi vum deemolegen Aarbechtsminister Dan Kersch kritt.

Dat selwecht gëllt fir all Demandeur d'emploi, deen de Statut vun engem Salaré handicapé huet.

Déi Informatioun ass och un all Acteur aus dem Beräich Handicap (InfoHandicap, INDR, IMS, ATVA, FEDAS, ...) geschéckt ginn.

Bei all nei Demande fir eng Participatioun gëtt e Flyer matgeschéckt. Aktuell ginn et zwou Zorte vu Flyeren: ee fir d'Demandeurs d'emploi an ee fir d'Entreprises.

Donieft sinn d'Internesite vum Familljeministère a vun der ADEM iwwerschaft ewéi ugepasst ginn.

Et ass och eng Presentatioun zesumme mat IMS (Inspiring More Sustainability) gemaach ginn am Kader vun enger virtueller Konferenz mam Intitulé „Passerelles entre entreprises et AIP (Ateliers d'insertion professionnelle) au Luxembourg“.

Des Weideren ass och nach eng Entrevue mat der APEMH virgesinn, fir op d'Froen zu dem Sujet ze äntweren.

**Nouvelle organisation du Ministère de l'Environnement** | Question **6183** (12/05/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Als „Invité vun der Redaktioun“ am RTL-Interview vum 12. Mee, huet d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung bestätegt, nei Personal agestellt ze hunn, dat si bei hirem Aarbecht am kommende Joer am Ëmweltministère soll ënnerstëtzen.

An deem Zesummenhang wëllt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wéi vill Persounen goufen zousätzlech agestellt?

2. Wéi laang huet d'Astellungsprozedur am kierzeste Fall an am längste Fall gedauert, vun der Ausschreibung vum Poste bis zum Ënnerschreiw vum de Kontrakter?

3. Goufe Persounen gekënnegt oder versat oder koume just Mataarbechter dobäi?

**Réponse** (15/06/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Et goufe keng Persounen zousätzlech agestellt. Et goufen awer dräi Persounen vun der Ëmweltverwaltung op de Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung transferéiert, an zwee Fäll mat hiren Posten. Déi drëtt Persoun gouf iwwer de Staatsministère an d'Carrière vum „Conseiller de Gouvernement“ beruff an uschléissend un de Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung detachéiert.

ad 2. Et gouf keng Ausschreibung vu Posten an och keen Ënnerschreiw vum Kontrakter. Dëst, well et keng normal Astellungsprozedur gouf, mee just een Transfert vun zwee Mataarbechter mat hiren existente Posten.

ad 3. Et gouf kenger Persoun gekënnegt. Wéi scho gesot, sinn dräi Persounen transferéiert ginn. Dës dräi Persounen hunn d'Unzuel vun de Mataarbechter um



Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung  
ëm dräi Persounen erhéicht.

**Avis de la Commission d'aménagement dans le cadre d'une modification ponctuelle d'un plan d'aménagement général** | Question 6188 (13/05/2022) de **M. Marc Lies** (CSV)

Avant qu'une commune puisse procéder à une modification ponctuelle d'un plan d'aménagement général, la Commission d'aménagement doit émettre un avis quant à la conformité et la compatibilité du projet en question. Dans le libellé de la loi du 28 juillet 2011 portant modification de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, un délai de quatre mois de la réception du dossier est prévu pour la Commission d'aménagement à émettre son avis. Cette disposition ne figure d'ailleurs plus dans la loi du 17 avril 2018 et n'a cependant pas été remplacée par un nouveau délai, ce qui engendre que les communes ne savent pas à quel délai elles doivent s'attendre. En plus, dans l'alinéa 4 de l'article 11 de la loi du 17 avril 2018, le libellé mentionne toujours un délai – délai qui n'existe d'ailleurs plus – après lequel le conseil communal pourrait passer au vote même sans réception de l'avis.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Intérieur et à Monsieur le Ministre de l'Aménagement du territoire :

– Les ministres savent-ils m'expliquer pourquoi ce délai ne figure plus dans la loi actuelle ?

– Les ministres ne pensent-ils pas qu'un délai pourrait permettre aux communes d'avancer plus vite pour leurs projets de modifications ponctuelles ?

– Quel est, d'après les ministres, un délai raisonnable pour la Commission à émettre son avis ?

**Réponse commune** (14/06/2022) de **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Aménagement du territoire

La modification de l'article 11, alinéa 2 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain a effectivement été effectuée par la voie d'amendements parlementaires au projet de loi n° 7065 concernant l'aménagement du territoire, adoptées lors de la session de la Commission du Développement durable du 20 novembre 2017.

L'instauration d'un délai d'ordre en soi n'accélère pas le fonctionnement de la Commission d'aménagement alors que celle-ci s'évertue toujours à aviser le plus vite possible les dossiers qui lui sont soumis. Il arrive cependant, lorsque la Commission se voit saisie simultanément d'un nombre conséquent de dossiers de révision complète d'un plan d'aménagement général, qu'un délai ne soit pas respecté, alors qu'il s'agit de privilégier des avis de qualité qui nécessitent un temps d'élaboration certain.

De manière générale cependant, l'instauration d'un tel délai reste souhaitable alors qu'il a pour avantage de garantir pour tous les acteurs concernés une sécurité de planification qui est indispensable à la réalisation d'un projet urbanistique. Par conséquent, il est envisagé de procéder à la modification de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, et ce afin de réintroduire le prédit délai pour la Commission d'aménagement.

Le délai dont disposait la Commission d'aménagement avant sa suppression était, de manière générale, considéré comme raisonnable par les soussignés

(quatre mois à partir de la réception du dossier complet).

**« Burn-out » dans le cadre scolaire** | Question 6204 (17/05/2022) de **Mme Diane Adehm** (CSV)

De nombreuses recherches ont été menées sur le stress en milieu professionnel et ses conséquences sur la santé des travailleurs. Mais cette notion de l'épuisement émotionnel et physique (« burn-out ») est aujourd'hui aussi largement intégrée dans le cadre scolaire. La pression scolaire, dont notamment la pression de la performance permanente, s'installe dans le parcours scolaire et ceci de plus en plus tôt.

L'épidémie de Covid-19 est venue renforcer ce phénomène du burn-out pour de nombreux élèves, suite aux annulations ou reports d'épreuves, le passage à l'enseignement à distance et les divers confinements.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé, à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Messieurs les Ministres disposent-ils de chiffres concernant le nombre d'élèves qui sont annuellement diagnostiqués/pris en charge du « burn-out scolaire » ?

2) Comme la prévention est la meilleure réponse au phénomène croissant du burn-out en milieu scolaire, j'aimerais savoir quelles mesures le Gouvernement a prises, respectivement entend prendre en la matière ?

**Réponse commune** (22/06/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

ad 1) Au niveau de l'assurance maladie-maternité, il n'y a pas d'actes spécifiques relatifs au « burn-out scolaire » qui permettraient de fournir des chiffres concernant la prise en charge de cette problématique.

La Division de la médecine scolaire du Ministère de la Santé, qui est chargée de l'organisation de la médecine scolaire au niveau de l'enseignement postprimaire, ne dispose pas non plus de données sur le nombre de cas de burn-out dans le milieu scolaire postprimaire.

Lorsque de potentiels cas sont constatés lors des bilans de santé effectués par les équipes de la médecine scolaire, ceux-ci sont, dans la plupart des cas, redirigés vers le Service psycho-social et d'accompagnement scolaires (SePAS) du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Le recueil national sur le bien-être des jeunes au lycée, effectué par le Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires (CePAS) en 2021-2022, donne une indication portant sur deux semaines consécutives et sur les élèves ayant fréquenté le SePAS de leur lycée et ayant bénéficié d'un entretien en lien avec le bien-être scolaire. Ce recueil a mis en évidence que sur les 2.003 entretiens réalisés, un quart des élèves ayant eu recours aux services du SePAS était concerné par le stress scolaire et 28 % par l'anxiété ou la dépression.

ad 2) Le burn-out étant principalement causé par la charge de travail personnelle et la pression ressentie, ce phénomène a tendance à se manifester plus fréquemment au cours des études secondaires. Différentes mesures de prévention de nature structurelle ainsi que des dispositifs nationaux et des analyses systémiques

visant l'amélioration des facteurs institutionnels impactant le bien-être ont été mises en place par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

– Classes et écoles internationales : une des contraintes scolaires les plus marquantes est liée à l'apprentissage des langues nationales. Or, le Luxembourg, en tant que pays d'accueil, est confronté à de nombreux défis sur ce plan. Afin de favoriser l'adaptation et la réussite de tous les élèves, des écoles et classes internationales viennent compléter l'offre scolaire nationale.

– Classes alternatives : classe Portail, Liewensschoul, classe Mosaik et classe Pass sont autant de dispositifs permettant d'envisager le système scolaire autrement et d'améliorer la confiance en soi des jeunes.

– Centres de compétences : depuis 2018, neuf centres de compétences en faveur du développement des enfants œuvrent pour favoriser l'inclusion scolaire, adaptée aux besoins spécifiques des enfants et des jeunes, ont été mis en place.

– Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire : la création de l'Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire « a pour mission d'évaluer et de superviser la qualité de l'enseignement dispensé dans le système éducatif. Il s'agit d'une structure indépendante qui a un rôle d'expertise, en apportant une vision objective sur l'état du système scolaire. L'Observatoire évalue de manière systémique la qualité du système scolaire et la mise en œuvre des politiques éducatives. Il n'évalue donc pas le travail individuel des enseignants, mais l'organisation et le fonctionnement des écoles, des lycées et des services du ministère responsable de l'enseignement. »

– Création des services socio-éducatifs (SSE) avec un cadre de référence spécifique pour l'offre périscolaire dans les lycées : afin de favoriser le bien-être scolaire, un service socio-éducatif (SSE) a été créé dans chaque lycée. Composé d'éducateurs diplômés et gradués, il a pour objectif de mettre en œuvre des projets visant tant le développement personnel que social. Avec les services SePAS, ils sont 400 collaborateurs psycho-socio-éducatifs, présents dans l'ensemble des lycées et travaillent en collaboration avec les enseignants, les représentants des élèves et les parents. Une de leurs principales missions depuis la pandémie a été celle de communiquer intensivement afin de déstigmatiser la santé mentale. Dans une grande partie des lycées, des espaces de rencontre informels ont été mis en place.

– Augmentation du personnel psycho-socio-éducatif au cours des trois dernières années : création de 38 postes pour la démarche psycho-sociale au sein des SePAS et de 32 postes pour la démarche pour l'offre périscolaire et la participation des élèves au sein des SSE.

– Groupe de travail au sein du Collège des directeurs de l'enseignement secondaire : le Collège des directeurs de l'enseignement secondaire a instauré, depuis plus d'un an, un groupe de travail spécifiquement dédié à la qualité et au bien-être des élèves en milieu scolaire. Il organise des réunions régulières pour faire le point et élaborer des propositions et des pistes concrètes.

– PDS – Plan de développement scolaire 2021-2024 : les PDS réalisés pour la nouvelle période mettent en évidence que de nombreux établissements scolaires (lycées et écoles fondamentales) ont inscrit principalement trois objectifs prioritaires liés au burn-out scolaire autour des thématiques du développement des compétences transversales, de l'amélioration de la qualité de l'enseignement et du bien-être à l'école.



– Le travail curriculaire en faveur du bien-être autour des programmes scolaires : le Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT), au travers de sa division curriculum, a retenu cinq objectifs pédagogiques liés aux compétences du 21<sup>e</sup> siècle, à savoir le jeune confiant, le jeune connecté, le jeune curieux, le jeune créatif et le jeune citoyen. Le but principal de ce travail est de permettre aux commissions des programmes de réfléchir, discuter et s'inspirer de ces visions dans les mises à jour et des contenus et des didactiques d'enseignement.

– L'Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN) propose par ailleurs une panoplie de formations destinées aux enseignants en matière de relations interpersonnelles.

– En ce qui concerne le personnel psycho-social et éducatif (PSE), celui-ci constitue un support important au sein des établissements du secondaire et le CePAS met en place, selon les axes thématiques de promotion du bien-être, un plan de formation continue via un catalogue annuel. L'objectif principal est d'outiller ces professionnels afin d'enrichir leur pratique au quotidien en intégrant leur réalité quotidienne. Pour renforcer la relation entre le personnel PSE et les élèves, une campagne accessibilité-confidentialité a été lancée dès 2021. Dans le même ordre d'idée, un Vademecum secret professionnel permet le partage d'un savoir sur les pratiques de la confidentialité en milieu scolaire, point déterminant pour la notion de confiance entre professionnels et élèves.

#### Éducation précoce | Question 6207 (17/05/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

D'Éducation précoce adressé sech un déi Kanner, déi den 1. September vum lafende Joer dräi Joer al sinn. Dëst Schouljoer virun der „Spillschoul“ ass fakultativ an huet als Zil, den intellektuelle Virwëtz vum de Kanner ze stimuléieren, hiert sozialt a kognitiivt Verhalen ze fërderen a si beim Léiere vum Lëtzebuergeschen zousätzlech ze ënnerstëtzen.

An deem Kontext wëllt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

1. Wéi vill Prozent vum de Kanner ginn aktuell am Alter vum dräi Joer an den Enseignement précoce?

2. Kann den Här Minister en Tableau mat der Evolutioun vum den Aschreiwungen iwwer déi lescht zeng Joer opstellen?

3. Wéi huet sech an deem selwechten Zäitraum d'Verhältnis vum der Unzuel vum de Kanner am Enseignement précoce an deenen am Cycle 1.1 (Spillschoul) entwéckelt?

**Réponse** (24/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Fir d'Schouljoer 2021/2022 si 66,57 % vum de Kanner am Precocéalte an enger entsprecherender Klass beschoult ginn.

ad 2. an 3. An de leschte Jore sinn am Schnëtt 85,51 % am Cycle 1.1 vum der ëffentlecher Grondschoul betreit ginn.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

#### Flux de passager à l'Aéroport de Luxembourg | Question 6208 (17/05/2022) de M. Serge Wilmes (CSV)

An engem rezente Presseartikel geet vum enger Iwwerlaaschtung vum Terminal A vum Fluchhafen virun Ouschtere rieds. Passagéier hätte sech iwwer laang Schlaange virum Check-in, weider Waardezäite

bei de Sécherheetskrollen an deelweis och eng onkloer Beschëlderung beklot, wat de Flux nach weider negativ beaflosst hätt.

An deem Kontext wëllt ech folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit stellen:

– Huet den Här Minister Kenntnis vum der beschriwener Situatioun?

– Wa jo, wat sinn d'Grënn fir déi deelweis schwéierfällg Offäerdegung vum de Passagéier an der Ouschtervakanz?

– Wéi eng Moossname plangt den Här Minister ze huelen, fir dass de Fluchhafen Findel dem Passagéier-opkommes aus dem In- an Ausland an der Grousser Vakanz ka gerecht ginn?

**Réponse** (28/06/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

No méi wéi zwee Joer Pandemie a Restriktionen, ass de Wonsch ze reesen an domat de Besoin u Fluchreese méi grouss wéi jee. Dëst féiert zu enger erhéichter Nofro op eenzelen Deeg während de Vakanzepérioden, an dëst an der ganzer Industrie. Konkreet heescht dat, datt fir vereenzelt Deeg méi Aktivitéit an Undrang um Fluchhafen ass wéi 2019, ier d'Pandemie ugefaangen huet.

Ouschtere war den éischten Héichpunkt am Joer 2022, wou de Passagéiervolumen vum 2019 deelweis bis zu 30 % iwwerschritt gouf. Donieft huet sech d'Veerdeelung iwwer d'Woch vum de Fluch, an domat och de Passagéiervolumen, däitlech verännert.

Gläichzäiteg sinn d'Auswierkunge vum der Pandemie op d'Disponibilitéit vum Personal a Krankheetsfäll nach ëmmer en Thema. Déi meescht europäesch Fluchhäfe hu mat Enkpäss am Personalberäich ze kämpfen a sinn doduerch un der Limit vum hire Kapazitéiten. D'Enkpäss sinn op Personalschwankungen a verschiddene Services um Fluchhafen an am Sécherheetsberäich zréckzeféieren. De Lofftfaartsektor war ee vun den éischten a schwéierste vum der Pandemie betreffenen, wat dozou gefouert huet, dass vill qualifizéiert Personal dëse Sektor verlooss huet.

Fir d'Organisatioun vum dem Flux vum de Passagéier ass net de Minister fir Mobilitéit, mee d'Bedreiwerfirma vum Fluchhafen, lux-Airport, zoustänneg. D'Sensibiliséierung vum de Passagéier, fir matzäiten op de Fluchhafen ze kommen a sech gutt op hire Fluch virzebereeden, ass essenziell. Engersäits muss kloergemaach ginn, datt a Spëtzenzäiten den Check-in vum Fluch däitlech méi Zäit brauch an datt de Passagéier mindestens zwou Stonne virum Depart beim Check-in sollt sinn. Dës Sensibiliséierung ass schonn amgaang a wäert och an den nächste Wochen weider ausgebaut ginn.

Fir méi Personal zur Verfügung ze hunn, virun allem am Sécherheetsberäich, gëtt säit Méint rekrutéiert an ausgebild. D'Ausbildung vum Sécherheetspersonal um Fluchhafen dauert e puer Méint, an net all Kandidat entsprécht de strenge Rekrutéierungskriterien.

Fir d'Passagéier ze ënnerstëtzen an op de Sécherheetscheck virzebereeden, gëtt an de Spëtzenzäite vum Sécherheetsberäich zousätzlech Personal agesat.

Déi strukturell Konditionen um Lëtzebuerg Fluchhafen entsprechen nach ëmmer der Auslaaschtung, och mat den aktuelle Spëtzen.

#### Astreintes pour les employeurs dans le cadre des fiches d'impôts | Question 6209 (18/05/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

2021 goufen d'Fiches d'impôt vum der Steierverwaltung digitaliséiert, esou dass d'Salariéen hir Fiches d'impôt net méi mussen un den Employeur weiderginn. Den

Employeur muss dës Fichen da vu MyGuichet eroflueden. Mécht en dëst net, kann d'Steierverwaltung eng Astreinte oder Sommatioun aussprechen.

An deem Zesammenhang wëllt ech der Finanzministersch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Astreinten a Sommatiounen goufen an deem Kader scho gesprach? Wéi héich falen dës Strofen an der Reegel aus?

2. Wéi vill Astreinte goufen un Entreprisë gesprach,

– déi iwwer 250 Salariéen hunn,  
– déi tëscht 50 a 250 Salariéen hunn,  
– déi tëscht 50 a 1 Salariéen hunn?

3. Schwätzt d'ACD och Astreinten oder Sommatiounen géint Entreprises aus, déi keng Salarié beschäftegen?

**Réponse** (15/06/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Wéi am Koalitiounsaccord vu 2018 virgesinn, ass d'Digitaliséierung eng Prioritéit fir d'Regierung. Deemno ginn ëmmer méi Prozeduren an Demarchë moderniséiert an digital ugebueden.

An deem Kontext sinn am Joer 2021 d'Steierkaarten digitaliséiert ginn, an d'Employeuren an d'Pensiounskeese kënnen d'Steierkaarte vum hire Salarié a Pensionären elektronesch ënner MyGuichet.lu agesinn an och vum do eroflueden.

Wann am Joer 2021 déi Asiicht nach fakultativ war, esou ass et zënter dem 1. Januar 2022 obligatoresch, fir d'Steierkaarte vum de Salarié a Pensionären op MyGuichet.lu anzegessinn. Dës Pflicht betrëfft all Steuerkaarten, déi ab dem 1. Januar 2022 dem jeeweilegen Employeur an/oder Debiteur vum enger Rent am Guichet zur Verfügung gestallt ginn.

De Paragraf 202a AO gesäit fir d'Net-Beuechte vum dëser Bestëmmung Strofe vir, déi sech kënnen bis op maximal 10.000 Euro belafen.

Enger Fixatioun vum enger Astreinte geet ëmmer ee Rappel an eng Sommatioun vum enger Astreinte viraus.

Déi éischt Fixatioun vum Astreintë sinn den 2. Mee 2022 virgeholl ginn, an et waren där 1.880 insgesamt, mat folgender Verdeelung:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

D'Beträgg vum den Astreinten hängen of vum der Unzuel vum Salariéen, déi de betraffene Betrib op de leschten Dag vum dem Mount hat, fir deen d'Astreinte fixéiert gëtt.

Ech bieden den honorabelen Deputéierten ennen drënner, déi respektiv Beträgg am Fall vum enger éischter Astreinte ze fannen:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Wann den Employeur weiderhi senger Pflicht, d'Steierkaarte vu senger Salarié anzegessinn, net nokënn fir ee Mount, fir dee schonn eng Astreinte verhaange ginn ass, ginn déi Astreinten erhéicht.

Als Salarié gëtt vum der Steierverwaltung jidderee betruecht, deen ee Revenu kritt, deen ënnert d'Bestëmmung vum den Article 95 a 95a L.I.R. fällt. Zu de Salarié gehéieren och déi Leit, déi bezuelt ginn, fir sech ëm d'Gestion journalière vum enger Gesellschaft ze bekëmmern (Associés-gérants an Administrateurs-délegués), obschonn dës Population vum Centre commun de la sécurité sociale als Indépendant behandelt gëtt.

Betriben, déi keng Salarié hunn, kënnen natierlech keng Astreinte verhaange kréien, an déi ginn och net fir d'Lounsteuer vum der Steierverwaltung opgeholl.



**Vols dans les hôpitaux et les maisons de retraite et de soins** | Question 6210 (18/05/2022) de **M. Laurent Mosar** (CSV)

Am Gespräch mat de Leit héiert een immer méi vun Déifstall an de Lëtzebuerger Spideeler an Alters- a Fleegeheimer. Dachs gi Patienten, respektiv Bewunner, perséinlech Wäertgégestänn ewéi Bijouen oder Auere geklaut.

An deem Zesammenhang géng ech gär follgend Froen un d'Madamm Ministesch fir Famill an Integration wéi och un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

– Kënnen déi concernéiert Ministère confirméieren, dass et dës Joer zu enger Hausse vun de Fäll vun Déifstall an den uewe genannte Strukturen komm ass?

– Wa jo, wéi gedenken déi concernéiert Ministère deen entgéintzewierken?

– Kënnen déi concernéiert Ministère ons Statistiken iwwert d'Abréch an de Spideeler an an Alters- a Fleegeheimer ginn?

**Réponse commune** (24/06/2022) de **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

Et leien dem Gesondheitsministère keng Indikatiounen vir, dass d'Zuel vun den Déifstall an de Spideeler weesentlech variéiert huet. Abréch an d'Spideeler goufen net signaléiert.

D'Alters- a Fleegeheimer sinn net verflucht, dës Informatiounen un de Familljeministère weiderzeleeden. Et ginn deementsprechend keng Statistiken. Dem Familljeministère ass deemno och net bekannt, dass et zu enger Hausse vun de Fäll vun Déifstall oder Abréch an den Alters- oder Fleegeheimer komm wier.

**Pédagogie sensible au genre et la diversité** | Question 6211 (18/05/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Ënnert dem Här Schoulminister huet de Schoulministère ee „Leitfaden für geschlechtersensible Darstellung in Sprache & Bild in Schulbüchern“ herausginn. Dese Leitfaden huet op Grund vun enger Partie ëmstridde Aussoen zënter senger Verëffentlechung immer erëm fir Erstaunen an Onverständnis gesuergt.

An deem Kontext wollt ech eng Partie Froen un den Här Minister riichten:

1. Am Leitfaden steet geschriwwen: „Nicht der Staat reguliert durch Erlasse, sondern die Menschen durch ihren alltäglichen Sprachgebrauch“. Op der anerer Säit gëtt awer am Leitfaden festgeschriwwen, wéi d'Mënschen (an deem Fall d'Schüler an d'Léierpersonal) an Zukunft ze schwätzen hunn a wat fir Wieder an de Schoulbicher ze stoen hunn. Esou sollen elo Wieder wéi „Lehrende“ (amplaz vu Lehrer) benotzt ginn, déi awer am alldiegleche Sproochgebrauch vun de Mënschen net virkommen. Kann den Här Minister präzisieren, firwat de Staat hei eng Benotzung vu Wieder virschreift, entgéint dem alldiegleche Sproochgebrauch vun den Mënschen an entgéint der uewege-nannter Premisse?

2. Weider steet am Leitfaden: „Frauen sollten nicht grundsätzlich kleiner und zierlicher abgebildet werden. Auf stereotype sexualisierte Darstellungen [Geschlechtermerkmale wie Brüste (...)] sollte in bildlichen Darstellungen grundsätzlich nicht zurückgegriffen werden.“ Zu Lëtzebuerg läit d'Duerchschnittsgréisst vun den Frae bei ronn 165 cm an déi vun de Männer bei ronn 179 cm. Kann den Här Minister an deem Zesammenhang erklären, firwat d'Realitéit an de

Schoulbicher also soll gefälscht duergestallt ginn? Kann den Här Minister weider erklären, firwat d'Fraen ouni Broscht duergestallt solle ginn? Ass den Här Minister net der Meinung, dass ee Fra a Mann esou sollt duerstellen, wéi se a Wirklechkeet och sinn?

3. Weider soll een an de Schoulbicher, laut Leitfaden, „die bildliche Darstellung von Frauen als (...), (ein Kind) Stillende, (...) vermeiden“. Kann den Här Minister hei seng Oppositioun géint Mammen, déi hir Kanner nieren, erklären? Aus wéi enge Grënn solle Mammen, déi nieren, net a Schoulbicher virkommen?

4. Plangt den Här Minister eventuell Ännerungen un deem Leitfaden, respektiv de Leitfaden zréckzezéien?

**Réponse** (24/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

ad 1. De Leitfaden für geschlechtersensible Darstellung in Sprache & Bild ass en Dokument, dat sech haaptsächlech un d'Auteure vu Schoulbicher a -materialien am SCRIPT riicht. Et ass deemno keng Virschrëft vum Staat un d'Bierger.

ad 2. Ech deelen dem honorabelen Deputéierte seng Aschätzung, dass Fraen a Männer an där Diversitéit sollen duergestallt ginn, wéi se a Wirklechkeet och sinn. Dofir solle Fraen a Schoulbicher net grundsätzlich méi kleng an zierlech duergestallt ginn an op eng stereotypesch sexualiséiert Duerstellung verzicht ginn.

Wat d'Duerstellung vun der weiblicher Broscht ugeet, sou steet am „Leitfaden“: „(...) Die bildliche Darstellung mit expliziten sexuell herausgestellten Attributen (wie großen Brüsten; tiefem Ausschnitt oder kurzen Röcken) vermeiden.“

ad 3. Hei goufen am „Leitfaden“ fir Auteuren vu Schoulmaterialien e puer Beispiller ugefouert, déi verdäitliche sollen, wéi stereotypiséiert Duerstellungen verhënnert kënnen ginn: „(...) Die bildliche Darstellung von Frauen als passiv Zuhörende, (ein Kind) Stillende, zu Männern Aufschauende und Frauen bei der häuslichen Arbeit (am Kochtopf oder beim Putzen) vermeiden.“ Dat heescht natierlech net, dass an engem Léierkontext, an deem et z. B. ëm d'Nieme geet, dat net och gewise soll ginn.

ad 4. Sou wéi all „Leitfaden“ am SCRIPT, deen intern gebraucht gëtt, gëtt och dese „Leitfaden“ stänneg weiderentwéckelt.

**Engagement d'un coordinateur sportif par les communes ou syndicats de communes** | Question 6212 (18/05/2022) de **Mme Josée Lorsché** (déi gréng)

En date du 5 juin 2020, le Ministère des Sports a adressé une lettre circulaire aux communes et syndicats de communes ayant pour objet les aides financières relatives à la Relance Sport.

Ainsi, les communes et syndicats de communes furent informés que le Ministère des Sports préconise « la mise en place d'un concept permettant aux enfants de 0 à 12 ans de profiter d'un développement moteur adapté. Pour faciliter la collaboration et assurer une mission de coordination entre les différents acteurs, à savoir, communes, écoles, clubs sportifs, LASEP, parents et structures d'accueil, le Ministère des Sports participe au financement des frais de personnel d'un coordinateur sportif, engagé auprès des communes, voire de plusieurs communes ou de syndicats de communes en sus des projets pilotes conventionnés et déjà cofinancés par le Ministère des Sports. Le rôle de ce coordinateur sportif est de favoriser le dialogue entre les acteurs impliqués,

d'assumer une mission d'intermédiaire, de relais, voire de facilitateur, afin de garantir notamment l'intégration de l'activité physique et sportive dans le cadre du programme journalier des enfants. L'élaboration d'un plan communal d'activités physiques et sportives avec implication de tous les acteurs, basé sur l'établissement d'un état des lieux, pourrait constituer une des premières missions de ce coordinateur sportif. »

Dans ce contexte, j'aimerais me référer au refus du Ministère des Sports de cofinancer un coordinateur sportif engagé auprès d'un syndicat de deux communes de la région sud et répondant clairement aux critères fixés par le ministère, tel qu'il a été confirmé dans un courrier électronique datant du 10 janvier 2022. En effet, dans ledit courrier, le gérant du syndicat a été informé que le ministère a décidé de ne pas cofinancer un poste de coordinateur sportif si ce dernier est engagé auprès d'un syndicat de communes. Il a encore été précisé qu'une telle convention ne peut exclusivement être établie entre le ministère et une commune.

Considérant que cette décision ne correspond pas aux informations diffusées dans la circulaire susmentionnée, j'aimerais poser les questions suivantes :

1) Quelle est la raison pour laquelle le cofinancement d'un coordinateur sportif est dorénavant refusé si ce dernier est engagé par un syndicat de communes, sachant qu'un tel refus ne correspond pas aux explications fournies aux communes et syndicats de communes par voie de lettre circulaire ?

2) Combien de coordinateurs sportifs sont actuellement cofinancés par le Ministère des Sports et quelles sont les communes qui peuvent en bénéficier ?

3) Est-ce qu'il existe des syndicats de communes qui ont engagé un coordinateur sportif dont le cofinancement est assuré par le Ministère des Sports et de quels syndicats s'agit-il le cas échéant ?

**Réponse** (20/06/2022) de **M. Georges Engel**, Ministre des Sports

Le plan de relance de juin 2020, tout comme le plan de relance 2.0 de juin 2021, contenant des aides financières spécifiques au profit des acteurs du monde sportif face à la lutte contre le Covid-19, prévoyaient une participation financière de l'État aux frais de personnel d'un « coordinateur sportif » engagé auprès des communes, voire de plusieurs communes. Le rôle de ce « coordinateur sportif » est de favoriser le dialogue entre les acteurs impliqués, de jouer un rôle d'intermédiaire, de relais, voire de facilitateur, afin de garantir le bon déroulement de l'activité physique notamment dans le cadre du programme journalier des enfants.

Dans un but de généraliser cette offre et de permettre au plus grand nombre d'enfants possible de bénéficier d'une éducation motrice de base adaptée, le Ministère des Sports avait, à l'époque, vivement encouragé les communes à recourir aux services d'un « coordinateur sportif », dont le Ministère des Sports participera financièrement à raison de 50 % aux frais salariaux (charges patronales comprises), plafonnés à 150 % du salaire social minimum pour salariés qualifiés, pendant trois ans.

Saisi en date du 21 septembre 2021 d'une demande de participation aux frais salariaux d'un « coordinateur sports » engagé depuis le 15 août 2014 par le Syndicat intercommunal Bettembourg/Leudelange – Centre de natation « An der Schwemm » et entre-temps intégré dans le service Sport Loisir Bettembourg/Leudelange, sous-service du syndicat de communes précité, le Ministère des Sports, après examen du dossier, avait



retenu la demande de prise en charge, tout en suggérant au gérant du syndicat de communes de fixer les conditions de la participation dans une convention avec l'une des communes membres du syndicat de communes. Je m'empresse cependant d'informer l'honorable Députée que le Ministère des Sports contactera prochainement les responsables du syndicat de communes en question pour régulariser la situation.

À l'heure actuelle, des conventions de participation ont été signées avec les communes de Bissen, Hesperange, Roeser et Niederanven. Aucune convention n'a été signée avec un syndicat de communes.

Finalement, je me permets de préciser que, comme annoncé lors de la Journée des bourgmestres en date du 2 juin 2022, le Ministère des Sports a réitéré l'initiative des plans de relance et continuera à participer aux frais salariaux générés par l'engagement d'un coordinateur sportif dans les communes qui en ont été informées par voie de circulaire en date du 16 juin 2022.

#### **Pollution des eaux souterraines sur le site de l'ancienne brasserie Diekirch | Question 6215 (18/05/2022) de Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)**

En réponse à la question parlementaire n° 5743, Madame la Ministre de la Culture a indiqué qu'une pollution des eaux souterraines aurait été constatée dans les alentours de l'ancien site de la brasserie à Diekirch :

„Effektiv ass, am Géigesaz zum Buedem, d'Situatioun am Grondwaasser extreem schlëmm. Esou goufen an engem Betribspëtz, dee sech an de Gebaier befënnt, extreem héich Belaaschtunge mat Phenol an Ammonium nogewisen. Déi entsprecheend Sanéierungsmaasures sinn 900-fach (Phenol) an esouguer 3.500-fach (Ammonium) iwwerschratt ginn.

Nach guer net gewosst ass, wéi wäit déi Pollutioun schonn am Ënnergrond, baussent de Gebaier gestreet huet. D'Fléissrichtung vum Grondwaasser geet iwwert de Site no Südosten an Direktioun vun der Sauer. “

Les polluants constatés sur le site risqueraient donc de se propager via les eaux souterraines et pourraient même menacer la Sûre.

C'est dans ce contexte que je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement :

1) Des prélèvements ont-ils déjà été réalisés dans les alentours du site contaminé pour déterminer si la pollution s'est déjà propagée dans les eaux souterraines autour du site ? Dans l'affirmative, quels ont été les résultats de ces prélèvements ? Dans la négative, pourquoi vos services n'ont-ils pas effectué des prélèvements ?

2) Les mesures nécessaires telles que prévues par la législation sur la protection et la gestion des eaux ont-elles entre-temps été prises sur le site pour prévenir, voire réduire la pollution des eaux souterraines ? Dans l'affirmative, de quelles mesures s'agit-il ? Dans la négative, pourquoi vos services n'ont-ils pas mis en place des mesures de prévention, voire de réduction de la pollution ?

3) La pollution en question aurait-elle pu être détectée grâce à d'autres prélèvements effectués dans les puits en question depuis la fin de l'activité économique sur le site de l'ancienne brasserie ? Dans l'affirmative, quelles conclusions ont été tirées à la suite de ces prélèvements ? Dans la négative, pour quelles raisons de tels prélèvements n'ont-ils pas été effectués sur ce site à risque ?

4) Des contrôles en matière de pollution ont-ils été effectués par vos services pendant que l'ancienne

brasserie était encore en activité ? Dans l'affirmative, vos services ont-ils imposé des mesures à l'exploitant afin de répondre à des pollutions détectées ?

**Réponse (21/06/2022) de Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

ad 1) Des analyses du sol, des eaux souterraines et des constructions ont été réalisées en 2019 dans le cadre de la procédure de cessation d'activité de l'ancienne brasserie, procédure entamée sur base de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés.

Dans ce contexte, des échantillons des eaux souterraines ont été prélevés le 02 octobre 2019 dans dix piézomètres et le puits 1, qui sont situés dans l'enceinte de l'ancienne brasserie à Diekirch.

Concernant les paramètres cités dans l'introduction de la question parlementaire, les résultats des analyses ont mis en évidence que :

– l'indice phénol et les concentrations en ammonium sont respectivement de l'ordre de 180 µg/l et 350 mg/l dans le puits 1 ;

– les valeurs de l'indice phénol étaient inférieures à la limite de détection (<10 µg/l) d'après les analyses réalisées dans les dix piézomètres précités, y compris les piézomètres situés en aval hydraulique de l'ancienne brasserie ;

– les concentrations en ammonium diffèrent d'un point à l'autre (sachant que la valeur de référence « oSW » de la version la plus récente du document « ALEX Merkblatt 02 – Orientierungswerte für die abfall- und wasserwirtschaftliche Beurteilung » émis par le « Landesamt für Umweltschutz und Gewerbeaufsicht » du Land de Rhénanie-Palatinat est fixée à 0,1 mg/l) avec :

- une concentration inférieure à la limite de quantification (<0,03 mg/l) dans 1 piézomètre ;
- des concentrations comprises entre 0,064 et 0,5 mg/l dans 4 piézomètres ;
- des concentrations comprises entre 1,2 et 5,2 mg/l pour les 5 autres piézomètres.

En date du 7 mai 2021, les eaux souterraines du puits 1 ont été de nouveau analysées et des concentrations de 24 mg/l en ammonium et 130 µg/l pour l'indice phénol ont été mesurées.

D'autres analyses ont également été réalisées les 25 février 2022 et 24 mars 2022 au cours des travaux de nettoyage du puits 1 et après la finalisation de ces travaux. Les résultats de ces dernières analyses ont permis de constater qu'une fois le puits 1 nettoyé (enlèvement de différents déchets, de câbles rouillés et de boues polluées), la valeur de l'indice phénol est inférieure à la limite de détection. La teneur en ammonium a également fortement diminué et est de 0,25 mg/l.

ad 2) Des mesures ont en effet été mises en œuvre, notamment le nettoyage complet du puits 1, y compris son regard, dans lequel des déchets, tels que des câbles rouillés ou encore des boues polluées, ont été trouvés.

Le nettoyage du puits a consisté à évacuer tous les déchets trouvés dans le puits et à pomper les eaux souterraines jusqu'à l'observation d'une eau claire dans les puits 1.

Des analyses ont également été réalisées au cours du nettoyage du puits et après la finalisation de celui-ci pour suivre l'évolution des concentrations en ammonium et en indice phénol dans les eaux souterraines dans le puits 1 (voir réponse au point 1 ci-dessus).

ad 3) Comme indiqué précédemment, les prélèvements et analyses des eaux souterraines ont été réalisés dans le cadre de la procédure de cessation d'activité. Ce cadre légal permet notamment d'identifier la présence d'éventuelles pollutions et de fixer des conditions de sauvegarde et de restauration du site. Ces conditions ont été fixées dans l'arrêté modifié 1/18/0550/A.

ad 4) Entre 1995 et 2003, les eaux souterraines du forage « Brauerei » (code national : FCP-704-03) ont été analysées à six reprises. Les concentrations en ammonium mesurées étaient inférieures à la limite de détection (<0,1 mg/l) et l'indice phénol n'avait pas été mesuré. La présence de déchets dans le puits 1 et dans son regard n'avait pas été rapportée et les boues observées dans le regard du puits, qui ont entre-temps été évacuées, sont très probablement responsables des concentrations élevées en ammonium et en phénols exposées ci-dessus.

#### **Fiscalité des cryptomonnaies | Question 6218 (18/05/2022) de M. Laurent Mosar (CSV)**

Le Ministère fédéral des Finances allemand a communiqué récemment dans un document sur les règles entourant les gains en cryptomonnaies. Il y est notamment précisé que les bénéfices en cryptomonnaies sont exonérés d'impôt, dans le cas où l'investisseur les a détenues pendant plus d'un an.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances :

– Madame la Ministre a-t-elle connaissance de ce document publié par le Ministère fédéral des Finances allemand ?

– Est-ce que le cadre législatif actuel du Luxembourg en ce qui concerne la fiscalité des cryptomonnaies est satisfaisant ?

– Quelles améliorations du cadre législatif actuel en ce qui concerne la fiscalité des cryptomonnaies Madame la Ministre entend-elle proposer avant la fin de cette période législative ?

**Réponse (20/06/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances**

L'honorable Député se réfère dans sa question parlementaire à un document du Ministère fédéral des Finances allemand dans lequel il a été précisé que les bénéfices en cryptomonnaies sont exonérés d'impôt dans le cas où l'investisseur les a détenues pendant plus d'un an.

L'on présume que l'honorable Député se réfère au communiqué de presse du Bundesministerium der Finanzen du 11 mai 2022 dans lequel il annonce la publication d'un BMF-Schreiben avec le titre « Einzelfragen zur ertragsteuerrechtlichen Behandlung von virtuellen Währungen und von sonstigen Token », laquelle prévoirait que les bénéfices générés par la vente de cryptomonnaies ne seraient imposables que si la période entre l'acquisition et la cession des cryptomonnaies ne dépassait pas un an.

En ce qui concerne le cadre législatif applicable au Luxembourg, l'Administration des contributions directes a publié le 26 juillet 2018 la circulaire L.I.R. n° 14/5-99/3-99bis/3 qui précise le traitement fiscal des revenus réalisés moyennant une monnaie virtuelle, notamment dans le cadre d'opérations d'aliénation ou de la création de telles monnaies virtuelles. Lors de l'échange d'une monnaie virtuelle contre une autre monnaie virtuelle, des euros ou une autre monnaie pour laquelle la BCE établit et publie le cours de change de l'euro contre ladite autre monnaie étrangère ou lors



du règlement d'une transaction, notamment l'achat d'un bien ou d'un service, par le biais d'une monnaie virtuelle, le contribuable est considéré avoir cédé à titre onéreux la monnaie virtuelle donnée en échange, suivie de l'acquisition à titre onéreux de la monnaie, du bien ou du service reçu en échange conformément à l'article 102, alinéa 1a L.I.R. Tout bénéfice ou perte réalisé dans le cadre d'un tel échange constitue un bénéfice ou une perte de spéculation au sens de l'article 99bis L.I.R. lorsque l'intervalle entre l'acquisition de la monnaie virtuelle et la réalisation ne dépasse pas une période de six mois.

Le traitement fiscal applicable aux cryptomonnaies, déjà décrit dans les questions parlementaires n°4821 et n° 5579, est donc identique au traitement fiscal général applicable à d'autres réalisations de biens meubles.

Eu égard à ce qui précède, le cadre législatif fiscal applicable aux cryptomonnaies est clair et satisfaisant. Le Gouvernement n'envisage donc pas à ce stade de proposer des changements législatifs en matière de fiscalité des cryptomonnaies.

## Indexation des salaires | Question 6220 (19/05/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Trotz där widerhi staarker Inflatioun soll 2022 keng weider Indextranche ausbezueht ginn. A senger Roll als Patron spuert de Staat doduerch Käschten, déi bei der Remuneration vum öffentlichen Déngscht entstane wieren, anerersäits ginn awer och Recettë verluer, déi iwwert déi allgemeng Besteuerung vum der Indextranche vum öffentlichen a private Personal entstane wieren an zousätzlech iwwert déi kal Progressioun generéiert gi wieren.

An deem Zusammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung chiffréieren, wéi vill Zousazagabe brutto am Staatsbudget entstane wieren, wann den öffentlichen Déngscht 2022 eng weider Indextranche ausbezueht kritt hätt?
2. Kann d'Regierung am Sënn vun der Fro virdru chiffréieren, wéi héich eng weider Indextranche de Staatsbudget am Kader vun der Remuneration vum öffentlichen Déngscht netto belaaßt hätt, wann een all déi doduerch zousätzlech generéiert Steuerrecettë mat berécksichtigt?
3. Kann d'Regierung chiffréieren, wéi vill Recetten de Staat duerch eng weider Indextranche bei der Akommessteuer insgesamt kritt hätt?

**Réponse commune (27/06/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique**

Als Éischt sief dorop higewisen, datt d'Regierung zum Index steet. Am Kader vun den Tripartite-Verhandlungen am März ass et der Regierung an alleréischter Linn dorëms gaangen, zesumme mat de Sozialpartner an am Interêt vum Land, Äntwerten ze fannen op déi schwierig Situatioun, déi duerch déi militäres Aggressioun vu Russland géint d'Ukrain entstanen ass, an dat haaptsächlech, wat d'Präsideierrecht ugeet. Mam Tripartite-Accord gëtt all zousätzlech Indextranche bäibehalen, an nom Prinzip, laut deem bis Enn 2023 et all 12 Méint just eng Indextranche soll ginn, verréckelt.

Op Basis vun der aktueller Masse salariale beim Zentralstaat huet eng Indextranche vun 2,5 % e finanziellen Impakt vun ongeféier 7 Milliounen Euro pro Mount op de Staatsbudget, wouvunner ronn 1 Millioun Euro nees u Steieren zréck an d'Staatskeess fléissen.

Eng Indextranche bedeit deementspreechend eng Nettobelaaschtung vun ongeféier 6 Milliounen Euro pro Mount.

Insgesamt kann een dovunner ausgoen, dass eng Indextranche schätzungsweise zwéischent 20–25 Milliounen Euro de Mount u Recetten bei der Lounsteuer sou wéi och fir de „Fonds pour l'emploi“ erabréngt. Gläichzäitig bedeit eng Indextranche fir d'Entreprise méi héich Chargen, déi si vun hirem Benefice ofzielen an doduerch d'Recetten vun der Gesellschaft respektiv der Gewerbesteier erofginn. Den Nettoimpakt ass net mat der néideger Präzisioun ze chiffréieren.

## Brevet de maîtrise | Question 6225 (19/05/2022) de M. Fred Keup (ADR)

D'Roll vum Handwierk an der Gesellschaft an notamment der entsprecheren Berufsausbildung souwéi hir Integratioun an dem öffentliche Schoulsystem ass en Thema, wat zu Lëtzebuerg ëmmer rëm kontrovers diskutéiert gëtt. D'Remuneration vu Leit mat engem Meeschterbréif ënnerscheet sech am öffentlichen Déngscht nämlech deelweis staark vun där vum Personal mat engem akademeschen Ofschloss.

An deem Zusammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi vill Meeschterbréiwer an de Joren 2000–2020 jee weils insgesamt ofgeschloss goufen a wéi se sech op déi eenzel Branche verdeelen?
2. Kréie Persounen, déi hire Meeschterbréif an Éisträich, an der Schwäiz, an Däitschland oder an Ostbelgien gemaach hunn, dësen hei zu Lëtzebuerg unerkannt sou wéi dat bei hinnen de Fall ass (Niveau 6 laut dem europäesche Qualifikationsrahmen)?

**Réponse (24/06/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

ad 1. An den Tableaux hei ënnendrenner fannt Dir d'Zuele vun den ofgeschlossenen Meeschterbréiwer aus de Joren 2000–2020, sou wéi och d'Opschlësslung op déi eenzel Métiers.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 2. D'EU Staten hunn ënnerschiddlech Bildungssystemer mat ënnerschiddlechen Ofschlëss. Fir ze wëssen, wéi eng Kompetenz respektiv Learning Outcomes op wéi engem Niveau kënnen a sollen agestuift ginn, gouf den europäesche Qualifikationsrahmen geschaf.

Do dernieft huet all Land, dorënner och Lëtzebuerg, säin nationale Qualifikationsrahmen fixéiert. Leit, déi e Meeschterbréif am Ausland hunn, an dës wëllen zu Lëtzebuerg unerkannt kréien, gi laut dem Lëtzeburger Qualifikationsrahmen am Niveau 5 agestuift, deen och fir de Lëtzeburger Meeschterbréif gëllt.

## Fonctionnement du Service national de la jeunesse | Question 6240 (23/05/2022) de Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)

Après la fusion en 2017 du Service national de la jeunesse et de l'Antenne locale pour jeunes, dans le contexte de leur regroupement au sein de la nouvelle Maison de l'orientation, les services et activités du SNJ se sont largement développés. En accord avec cette évolution le SNJ est passé par une restructuration de son organisation. Dans la mesure où cette restructuration interne a probablement eu un impact sur l'organisation du travail et les conditions de travail du

personnel de même que l'expansion des services du SNJ a probablement nécessité de nouvelles ressources humaines, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ainsi qu'à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

- 1) Combien de personnes ont été recrutées depuis la fusion du SNJ et de l'ALJ et l'intégration du service à la Maison de l'orientation en 2017 jusqu'à aujourd'hui ?
- 2) Quelle est l'évolution du personnel en termes de « turn over » sur les cinq dernières années ? Combien de personnes ont été embauchées et combien ont démissionné ?
- 3) Quel est le nombre de départs enregistrés en moyenne sur les cinq dernières années en comparaison avec les départs enregistrés en moyenne sur la même période pour l'ensemble des administrations de l'État ?
- 4) Quels sont les raisons les plus fréquemment indiquées de ces départs ?
- 5) Quel est le taux d'absentéisme enregistré en moyenne sur les cinq dernières années parmi le personnel du SNJ ?
- 6) Quels sont les taux d'arrêt de travail et de congés de maladie enregistrés en moyenne sur les cinq dernières années parmi le personnel du SNJ ?
- 7) Quels services du SNJ recrutent le plus ? Quels services enregistrent la plupart des démissions ?
- 8) Le SNJ dispose-t-il d'un service psycho-social à disposition du personnel ?
- 9) Le SNJ dispose-t-il d'une délégation du personnel ?
- 10) Le SNJ dispose-t-il d'un(e) délégué(e) à l'égalité des chances ?
- 11) Comment la garantie de qualité au travail est-elle assurée dans l'organisation ?
- 12) La direction du SNJ publie-t-elle régulièrement un rapport d'activité ?

Les activités du SNJ sont soumises à la tutelle du Ministère de la Jeunesse. La gestion des finances pour la plupart des administrations et services de l'État est en règle générale soumise à la Trésorerie de l'État. Or, selon des critères exceptionnels, certaines administrations et certains services publics pratiquent une gestion séparée des finances. Le SNJ en fait partie. Partant j'aimerais savoir de la part de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

13) Selon quels critères et quelles conditions les administrations et services de l'État sont-elles en droit de pratiquer une gestion séparée des finances ? Sous quels aspects le SNJ répond-il à ces critères et conditions ?

**Réponse (24/06/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

En réponse à la question parlementaire de l'honorable Députée Myriam Cecchetti au sujet du fonctionnement du Service national de la jeunesse, j'ai l'honneur d'apporter les précisions suivantes.

Afin de pouvoir interpréter les chiffres ci-dessous, il convient d'apporter des précisions sur l'ensemble des évolutions ayant eu lieu au cours des cinq dernières années au sein du Service national de la jeunesse (SNJ). En effet, ces années ont été marquées non seulement par la reprise de l'ancienne Action locale pour jeunes (ALJ), mais également par l'attribution de nouvelles missions et l'abandon d'une activité. Ces changements ont mené à une réorganisation du SNJ et à des adaptations au niveau de l'organisation du travail dans une bonne partie des équipes.



L'Action locale pour jeunes (ALJ), service qui était affecté initialement au Service de la formation professionnelle, a été reprise par le SNJ en 2017. Ceci dans le but de créer des synergies, d'améliorer les offres pour les jeunes décrocheurs et les jeunes inactifs et d'améliorer la visibilité de ces offres. La loi du 4 juillet 2008 sur la jeunesse a été modifiée dans ce sens en 2017. Depuis, le SNJ a parmi ses missions, celle de soutenir la transition des jeunes vers la vie active. Les agents de l'ALJ ont tous été affectés à la division « Soutien à la transition vers la vie active ». Cette division, en charge de programmes de soutien pour jeunes inactifs (services volontaires, ateliers pratiques), disposait déjà de cinq antennes locales avant la reprise de l'ALJ. Avec la reprise en question, les antennes locales ont été réorganisées pour regrouper les équipes et pour éviter d'avoir deux adresses dans une même commune. Ceci a engendré des changements au niveau de l'emplacement de certains bureaux locaux. Désormais, la division « Soutien à la transition vers la vie active » comprend onze antennes locales. Une seule de ces antennes est située dans la Maison de l'orientation à Luxembourg-ville qui regroupe sous un même toit différents services liés à l'orientation tout au long de la vie.

La même année, le SNJ a abandonné la fonction d'« agence nationale » pour le volet « jeunesse » du programme européen « Erasmus+ » au profit de l'agence « Anefore » qui était déjà en charge des volets enseignement scolaire, formation professionnelle, enseignement supérieur et éducation des adultes. En effet, il a été décidé qu'il y aurait dorénavant une seule agence sous la tutelle du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse pour les programmes européens.

En parallèle à ces réorganisations, la loi du 24 avril 2016 modifiant la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse a introduit un dispositif de l'assurance de la qualité pour les services d'éducation et d'accueil, les services pour jeunes et les assistants parentaux. Dans ce contexte, la nouvelle fonction d'agent régional, chargé du suivi de la qualité éducative dans ces structures, a été introduite. Ces agents régionaux, affectés au SNJ et embauchés pour la majorité en 2016 et 2017, font partie d'une nouvelle division appelée « Développement de la qualité », créée dans ce contexte.

Le programme gouvernemental 2018-2023 stipule : « le Service national de la jeunesse (SNJ) sera restructuré afin de créer un département indépendant et spécialement dédié à l'innovation et au développement de la qualité dans le secteur de l'éducation non formelle ». Ceci a mené à la création d'une nouvelle division « Innovation » à partir de l'année 2019.

Le même programme gouvernemental prévoit en outre : « L'offre de formations continues pour les agents éducatifs de l'éducation non-formelle sera améliorée tant au niveau de la qualité que de la quantité. Une cellule 'assurance de la qualité de la formation continue' sera mise en place à cette fin. Il est en outre prévu de mettre en place des agences de formation continue accréditées qui proposeront aux professionnels une offre de formations de haut niveau. » Le Gouvernement a décidé d'instaurer la cellule « assurance de la qualité de la formation continue » auprès du SNJ à partir de l'année 2020.

Il est évident que ces changements ont eu un effet majeur sur l'organisation du SNJ dont l'organigramme a dû être revu en profondeur. Deux divisions « Centres pédagogiques » et « Formations et soutien aux projets pédagogiques » ont été fusionnées dans ce contexte et l'organisation des services de soutien (ressources humaines, finances, etc.) a été revue afin de pouvoir répondre aux besoins d'un SNJ agrandi.

La réorganisation a été clôturée en 2021. Depuis, le SNJ est organisé en quatre divisions et un service opérationnels, qui mettent en œuvre des programmes ou activités s'adressant aux différents publics cible. Il s'agit des entités suivantes : Offres pédagogiques, Soutien à la transition vers la vie active, Développement de la qualité, Innovation et Accueil au pair. À côté de celles-ci, des services de soutien ont été mis en place : Gestion des ressources humaines, Gestion financière, Gestion administrative, Gestion des infrastructures, Enquêtes & Études et Communication. L'organigramme détaillé peut être consulté sur le site [www.snj.public.lu](http://www.snj.public.lu).

Il convient de remarquer, qu'en plus de cette réorganisation, il y a eu un certain nombre de déménagements dont le plus important a été celui du siège du SNJ vers Clausen en 2021.

Il était prévisible que la croissance, la réorganisation et les déménagements auraient un impact sur le personnel. Comme une partie des changements ont été mis en place en 2020 et 2021, période pendant laquelle il était par moments impossible d'organiser des réunions de concertation et d'échange, il y avait un certain risque que les changements en question affecteraient de manière négative le personnel.

Par conséquent, et afin de limiter l'impact sur le personnel, des efforts importants ont été entrepris pour accompagner au mieux les changements : informations régulières, consultations et échanges, supervision d'équipes, etc. En dehors des réunions d'information et d'échange à différents niveaux, la direction envoie depuis deux ans, à la fin de chaque semaine (hors vacances scolaires), un courriel d'information résumant les points les plus importants de la semaine à toute l'équipe du SNJ. De plus, l'élaboration du programme de travail 2022-2024, particulièrement important au vu des changements récents, a donné lieu à plus de 30 réunions d'échange dans différents formats avec le personnel. Les efforts d'information et d'échange se poursuivent vu que la réorganisation est encore récente.

ad 1) à 3) L'évolution des effectifs se présente comme suit :

| Année | Effectif total |
|-------|----------------|
| 2017  | 139            |
| 2018  | 156            |
| 2019  | 168            |
| 2020  | 177            |
| 2021  | 184            |

(chiffres du 31 décembre de l'année considérée)

Par année, les embauches ont été :

| Année | Embauches (CDI) |
|-------|-----------------|
| 2017  | 43              |
| 2018  | 19              |
| 2019  | 21              |
| 2020  | 25              |
| 2021  | 23              |

(chiffres du 31 décembre de l'année considérée)

Les recrutements comprennent les remplacements suite à des démissions, des départs en retraite, des mises en invalidités, etc., les postes accordés dans le cadre du numerus clausus, des reprises de personnel (dont l'ancienne ALJ en 2017), les reclassements

internes, l'embauche d'agents sous le statut de « travailleur handicapé », ainsi que des fusions de parts de tâches libérées suite à des réductions de tâches de certains agents.

Par année, les démissions ont été :

| Année   | Démissions | Taux   |
|---------|------------|--------|
| 2017    | 6          | 4,32 % |
| 2018    | 7          | 4,49 % |
| 2019    | 9          | 5,36 % |
| 2020    | 8          | 4,52 % |
| 2021    | 6          | 3,26 % |
| Moyenne | 7,2        | 4,39 % |

(chiffres du 31 décembre de l'année considérée)

Pour des raisons évidentes, le SNJ a un intérêt majeur à limiter les démissions dans la mesure du possible. Il est normal que certains collaborateurs veuillent changer de poste après avoir travaillé un certain temps dans un domaine spécifique. Dans certains cas, un déménagement privé peut générer des trajets plus longs, poussant la collaboratrice ou le collaborateur à chercher un poste plus près de son domicile. Dès lors, les collaborateurs sont invités dans le cadre de l'entretien individuel annuel à informer leur supérieur hiérarchique s'ils sont intéressés à changer de poste. Dans la mesure du possible, il est essayé de répondre en interne à ces demandes. Ces mobilités internes ne sont pas considérées dans le tableau ci-dessus.

L'État est un employeur qui offre de nombreuses possibilités de mobilité à ses agents. Celles-ci prennent normalement la forme de « changement d'administration » ce qui n'est pas formellement une démission. Dans le cas du SNJ, la grande majorité (environ 75 %) des 36 démissions sur cinq ans s'avèrent être des changements vers une autre administration de l'État ou une administration communale. Parmi les 36 personnes ayant démissionné du SNJ, deux ont été réembauchées à nouveau par le SNJ. Six personnes ont intégré le secteur conventionné et deux personnes ont décidé d'arrêter de travailler.

Les taux de rotation (« turn over »), calculés selon la formule [(Nombre de départs sur l'année N + nombre d'arrivées sur l'année N) / Effectif au 1<sup>er</sup> janvier de l'année N] ont été :

| Année | Taux de rotation |
|-------|------------------|
| 2017  | 27,04 %          |
| 2018  | 11,15 %          |
| 2019  | 13,78 %          |
| 2020  | 11,61 %          |
| 2021  | 11,58 %          |

Il n'existe pas encore de tableau de bord à destination des gestionnaires RH reprenant les données « globales » de l'État relatives aux départs.

Le SNJ suit le taux des démissions avec attention. En 2019, il avait demandé au Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État (CGPO) comment devait être interprété le taux des démissions du SNJ à cette date. La réponse était alors que le taux des démissions du SNJ se situe dans les normes par rapport au reste du secteur public.

Un taux de rotation compris entre 5 % et 15 % est considéré comme « moyen » (INSEE, France).



Toutefois, ce taux doit être interprété avec précaution et il convient de considérer l'évolution du service. Un service en pleine expansion génère forcément un taux de rotation élevé. Dès lors, il n'est pas étonnant que l'année 2017 ait connu un taux de rotation élevé, vu que pendant cette année, l'ALJ a été reprise et, simultanément, a été recrutée la moitié de la nouvelle équipe des agents régionaux.

ad 4) Il est difficile d'obtenir des informations fiables concernant le motif de démission. Les raisons sont très variées et parfois multiples.

La raison la plus fréquemment citée est celle d'une réorientation professionnelle : changement de secteur d'activité, opportunités intéressantes, proposition de poste, etc. À ce sujet, il faut noter que pour un peu plus de la moitié des personnes ayant démissionné, le poste auprès du SNJ fut leur premier emploi et leur départ est à considérer comme évolution professionnelle normale.

Une deuxième raison fréquemment citée concerne le trajet vers le lieu de travail, qui est parfois considéré comme étant trop fastidieux.

ad 5) et 6) Un agent ne peut s'absenter sans justification et le taux d'absentéisme du personnel du SNJ correspond au nombre d'absences pour cause de maladie.

Le taux d'absentéisme exporté depuis le système de gestion de temps du travail correspond au pourcentage des absences pour cause de maladie (en heures centième) par rapport au nombre d'heures prévues sur une période définie.

Les chiffres correspondants à la période antérieure au 1<sup>er</sup> mai 2018 ne sont pas disponibles étant donné qu'à cette date le SNJ a changé de système informatique pour la gestion du temps de travail. En raison des incertitudes quant à la comptabilisation administrative des absences Covid-19, surtout en début de pandémie, il n'est pas possible de fournir des chiffres précis et pertinents quant aux absences dues à celle-ci.

Sans les absences dues à la Covid-19, les taux d'absence pour cause de maladies ont été : 4,72 % (2019) ; 4,27 % (2020) ; 5,54 % (2021).

ad 7) Il est difficile de répondre à ces questions de manière précise, vu les différentes réorganisations sur les cinq dernières années. Néanmoins, au niveau des recrutements, il peut être affirmé que ce sont les divisions qui sont concernées par les programmes gouvernementaux (voir remarque préliminaire) qui ont recruté le plus grand nombre de nouveaux agents au cours des cinq dernières années, à savoir : divisions Innovation, division Développement de la qualité et division Soutien à la transition vers la vie active (par ordre croissant).

Au niveau des démissions, il peut être constaté que les services de soutien, qui comprennent davantage de profils administratifs, connaissent proportionnellement un peu moins de démissions que les divisions opérationnelles. Il n'y a que des différences insignifiantes entre les taux de démission des quatre divisions opérationnelles.

Les divisions opérationnelles sont composées d'agents dont la grande majorité présente des profils d'éducatrices, d'éducateurs ou de pédagogues. 67 % du total des démissions concernent ce profil. On constate encore que les démissions concernent davantage les éducatrices diplômées ou éducateurs diplômés de la carrière A2 (42 %) que les pédagogues de la carrière A1 (25 %). À ce sujet, il faut noter qu'au cours des dernières années les opportunités pour ce type de qualification se sont fortement développées à la fois dans le secteur public et dans le secteur conventionné. De plus, la mobilité interne au sein de l'État, mais également de l'État

vers les administrations communales (et vice versa), est encouragée.

ad 8) Le SNJ travaille en étroite coopération avec le Service psycho-social de la fonction publique et oriente les agents vers ce service en cas de besoin. Les offres de ce service sont connues et certains agents s'adressent de leur propre initiative au service en question.

De plus, les chefs de services et les gestionnaires RH sont sensibilisés aux risques psycho-sociaux. Ils sont informés sur les services proposés par le Service psycho-social de la fonction publique.

Des membres de la direction et du service RH ont suivi une formation spéciale du Service psycho-social de la fonction publique sur les techniques d'intervention et de prévention des risques psycho-sociaux.

Au besoin, le SNJ propose à ses équipes des supervisions par une personne externe, qualifiée et indépendante de la direction. Lors d'une supervision les agents sont invités à s'exprimer sur le fonctionnement de leur service et à élaborer en équipe des propositions d'amélioration. Ces propositions sont normalement mises en œuvre par la suite.

ad 9) La délégation du personnel ne concerne que les salariés et non les employés et fonctionnaires de l'État. Si le nombre de salariés de l'État est inférieur à 15 salariés à prendre en compte, une délégation du personnel n'est pas requise selon le Code du travail et selon la Convention collective des salariés de l'État.

Le SNJ ne dispose pas d'une délégation du personnel. Pendant les douze mois précédant le premier jour du mois de l'affichage annonçant les élections en 2019, le nombre de salariés de l'État au service du SNJ était inférieur à 15 salariés à prendre en compte, de sorte qu'une délégation du personnel n'était pas requise et ne l'est toujours pas actuellement.

Dès que les conditions prévues par la loi seront remplies, une délégation du personnel sera mise en place.

ad 10) Oui, le SNJ dispose d'un délégué à l'égalité des chances.

ad 11) Le SNJ met en place les instruments prévus par la loi et suit les recommandations du CGPO. Ainsi, le SNJ met en œuvre la gestion par objectifs des administrations et services publics qui comprend : programme de travail du service (celui portant sur les années 2022-2024 a été approuvé en décembre 2021 par le Ministre de Tutelle), description des fonctions, description des tâches, plan de travail individuel et entretiens individuels annuels. Cette démarche permet au SNJ de reconnaître les efforts et la qualité du travail des agents ; de mieux planifier et suivre l'impact de ses activités et d'améliorer la gestion des ressources humaines du service.

En plus, des éléments prévus par la fonction publique, le SNJ a développé un certain nombre d'initiatives propres visant à offrir un cadre de travail serein à ses collaborateurs :

Lors du recrutement :

- entretien avec les responsables de division ou d'équipe pour clarifier la description du poste et les attentes ;
- questionnaire et entretien avec le CGPO pour s'assurer au mieux de l'adéquation du profil de la candidate ou du candidat avec le poste ;
- entretien avec un membre de la direction et un membre du service RH.

Accueil des nouveaux collaborateurs :

- « Guide du nouveau collaborateur » : document spécifique, complémentaire à la « Note de fonctionnement interne », aux « manuels de procédures », au

« concept pédagogique » de l'équipe ou autres documents sur le travail au sein du SNJ ;

- organisation de l'accueil par le supérieur hiérarchique (accueil au premier jour de travail, proposition d'un programme d'introduction pour les premiers jours, etc.) ;

- formation spéciale d'initiation pour nouveaux collaborateurs. Lors de cette formation les nouvelles recrues sont – entre autres – informées sur les différents points de contact auxquels elles peuvent s'adresser en cas de problème ou mécontentement (supérieur hiérarchique, déléguée à l'égalité des chances, services RH, direction, Service psycho-social) ;

- formation spéciale sur le cadre de référence sur l'éducation non formelle pour les agents éducatifs.

Réunions d'échange pour tout le personnel :

- Journée SNJ : journée d'échange annuelle s'adressant à tous les agents du SNJ ;

- Journée innovation : journée pédagogique s'adressant prioritairement au personnel éducatif ;

- Réunion du Nouvel An : réunion s'adressant à l'ensemble des agents du SNJ et permettant de faire le point sur les activités écoulées et les priorités futures.

Autres :

- entretien individuel annuel de chaque agent avec son supérieur hiérarchique lors duquel la satisfaction au travail (quantité/charge de travail, nature du travail, collaboration service/équipe, soutien par la hiérarchie, information et participation, possibilité de formation et de développement) est un élément important. Lors de cet entretien une question porte sur un intérêt éventuel quant à une mobilité interne ou un changement d'administration. À noter que cet entretien est prévu tous les trois ans par la fonction publique ;

- analyse des entretiens individuels par les gestionnaires RH et démarche proactive envers l'agent en cas de problèmes ou d'insatisfactions constatés. Le bilan de l'ensemble des entretiens individuels permet par ailleurs d'identifier des domaines dans lesquels l'organisation, les procédures internes ou les outils à la disposition des agents doivent être améliorés ou développés ;

- entretien « retour au travail » après une absence prolongée ;

- démarche proactive en cas de constatation d'absences fréquentes dans le but de détecter d'éventuels problèmes ;

- entretien de départ lors duquel l'agent est invité à donner un retour à la direction concernant son milieu de travail au SNJ. Ces entretiens mènent parfois à des réorganisations internes ponctuelles, des révisions des procédures, des adaptations de tâches ou des modifications des profils pour remplacer le poste. Ceci dans le but d'améliorer l'organisation interne, mais aussi la satisfaction au travail des agents.

Il peut encore être noté que chaque année sont organisés deux moments conviviaux auxquels l'ensemble des membres du personnel du SNJ sont conviés (grillade en été, fête de fin d'année). De plus, une équipe coordonne une newsletter informelle, voire humoristique, mensuelle à destination de l'ensemble du personnel.

ad 12) Oui, le SNJ publie son rapport d'activité dans le cadre du rapport annuel du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE).

En plus, le SNJ publie trois rapports annuels qui entrent davantage dans le détail de certaines matières : suivi des décrocheurs et jeunes inactifs, suivi de la qualité éducative dans les services d'éducation et d'accueil, action de BEE SECURE ([www.snj.public.lu/publications](http://www.snj.public.lu/publications)).

ad 13) L'article 74 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État



stipule : « La loi budgétaire peut constituer une administration, un établissement ou un service comme service de l'État à gestion séparée. » Une des raisons principales pour la création de services de l'État à gestion séparée était la flexibilité dans l'exécution de leur budget.

En dehors des lycées, de nombreux services du MENJE sont constitués « service de l'État à gestion séparée » : Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT), Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE), Service de la formation des adultes (SFA), Service de la formation professionnelle (SFP), Service des restaurants scolaires (Restopolis), etc. Le fait que le SNJ soit constitué « service de l'État à gestion séparée » ne constitue donc pas une exception.

Les services qui nécessitent une certaine flexibilité ou qui veulent gérer des recettes, et qui sont prêts à assumer les changements au niveau de leur fonctionnement, demandent à être constitués service de l'État à gestion séparée dans le cadre de la préparation du budget.

Le SNJ a été constitué service de l'État à gestion séparée à partir de l'année budgétaire 2008. La demande a été motivée par un besoin de flexibilité et par le besoin de pouvoir gérer les recettes provenant de participations aux frais d'activité, d'hébergement de groupes dans les centres ou de fonds européens (Erasmus+, Digital Europe, etc.).

#### **Parking de bus à Rodange | Question 6243** (24/05/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Zu Rodange gëtt aktuell d'Gare ganz frësch gemaach an ausgebaut. Am Kader vun dësen Aarbechte gëtt och d'Busgare aktuell nei gemaach an erweidert. Bis dës Aarbechte fäerdeg sinn, müssen d'RGTR-Busser anzouwousch anescht stoe goen. Verschidde Busser fueren deemno quescht duerch d'Gemeng op der Sich no enger Parkplaz.

De Busparking beim Lycée Mathias Adam (Kadasterparzell 933/4221) wier eng adaptéiert Plaz dofir. Op dësem Parking, engem Staatsterrain, deen zentral läit, wier flächeméisseg genuch Plaz, fir dass d'Buslinien hei eng Paus aleee kéinten. Ausserhalb vun de Schülertransportzäite gëtt dës Parking net déi ganzen Zäit genotzt an ass net komplett ausgelascht. Ech gouf awer gewuer, dass d'Schouldirektioun vum LMA refuséiert, hiren Terrain fir aner Busser wéi dem Schülertransport zur Verfügung ze stellen.

An deem Zusammenhang wëllt ech de Ministere fir Mobilitéit a Bildung dës Froe stellen:

1. Sinn d'Servicer vu béide Ministären um Courant dovunner, dass den RGTR-Linnen den Accès op de Busparking vum LMA refuséiert gouf?
2. Wäerten d'Ministernen an dësem Fall intervenéieren, fir d'Notzung vun den öffentliche Infrastrukture méi effizient ze gestalten?
3. Wat fir eng Aarbechte kéinte gemaach ginn, fir dass de Busparking beim LMA als Aire de repos genotzt kéint ginn?

**Réponse commune** (08/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

D'parlamentaresch Fro vum 24. Mee 2022 vum honorabelen Deputéierte betrëfft de Busparking zu Rodange.

Wéi de Lycée Mathias Adam seng Dieren opgemaach huet, hunn eng Partie Busfirmen de Quai vum Lycée als Parking genotzt, fir hir Pausen ze maachen; deelweis si souguer Bussen iwwer Nuecht do geparkt ginn. Dëst huet eng Rei vu Nuisancë mat sech bruecht: doduerch dass keng sanitär Anlagen an net genuch Poubellë beim Quai installéiert sinn, huet sech net ëmmer dat beschte Bild presentéiert; donieft huet de Lycée misse fir déi néideg Botzaarbechte suergen.

D'Administration des bâtiments publics huet doropshin Polleren installéiert, déi erop- an erofgeuer kënnen ginn: op déi Manéier ass de Quai fir d'Schoulbusse reservéiert ginn. Et handelt sech also net ëm eng rezent Moosnam an och net ëm eng Initiativ vum Lycée.

Et sief betount, datt sech hei och e Sécherheetsproblem stellt: de Quai vum Lycée ass als Aire de rassemblement am Fall vun engem Feieralarm virgesinn, dëst fir iwwer 1.800 Schüler a Membere vum Personal. Et ass net virstellbar, dës Plaz ze notzen, „fir dass d'Buslinien hei eng Paus aleee kënnen“, sou wéi den honorabelen Deputéierten dat proposéiert.

#### **Production de fraises | Question 6249** (24/05/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Un certain nombre d'agriculteurs et d'horticulteurs cultivent des fraises afin de diversifier davantage leur palette de produits.

Dans ce contexte, j'ose poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

- 1) Combien d'exploitations sont engagées actuellement dans la production de fraises ? Sont-elles obligées de recourir le plus souvent à des travailleurs intérimaires ou saisonniers au moment de la récolte ?
- 2) Pour ce qui est de la production de fraises, quelle est l'évolution de leur chiffre d'affaires agrégé depuis 2015 ?
- 3) Comment la distribution de ces fraises est-elle généralement organisée ? Quel est donc le rôle des grandes chaînes de distribution en la matière ?
- 4) Quelles sont les différentes sortes de fraises qui sont généralement cultivées au Luxembourg ?

**Réponse** (21/06/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1) La production de fraises est une culture de faible envergure au Luxembourg. Ceci s'explique en partie par la vulnérabilité de la production de fraises face aux risques climatiques tels que gels tardifs et surtout les périodes de pluies lors de la maturation et de la récolte des fruits.

Dans le cadre des déclarations des surfaces agricoles, les fraises sont renseignées dans des codes de culture qui incluent aussi les cultures de légumes. Il en résulte que mon département ne peut pas indiquer avec précision le nombre d'exploitations agricoles produisant des fraises.

Néanmoins, seulement cinq producteurs ont cultivé au moins dix ares de fraises en 2021. À partir de l'année 2023, les fraises seront recensées séparément dans les déclarations de surfaces obligatoires.

Comme la récolte des fraises se fait exclusivement à la main, les exploitations dont la surface de production est plus importante, ont en général recours à des travailleurs saisonniers pour affronter les pics de travail lors de la récolte. Le coût élevé de la main-d'œuvre au Luxembourg est certainement aussi un frein au développement de cette production au Luxembourg.

ad 2) Le tableau ci-dessous reprend les estimations relatives aux surfaces de production de fraises des sept dernières années.

| Année | Surface (ha) |
|-------|--------------|
| 2015  | 2,2          |
| 2016  | 5,7          |
| 2017  | 6,5          |
| 2018  | 6,0          |
| 2019  | 7,9          |
| 2020  | 8,0          |
| 2021  | 7,5          |

Mon département ne dispose pas des données fiables relatives aux quantités commercialisées et au prix de vente des fraises produites au Luxembourg qui seraient nécessaires pour l'estimation du chiffre d'affaires.

ad 3) Tous les canaux de vente sont visés par les producteurs, que ce soit la vente directe au consommateur final, la vente à travers le commerce local ou la vente au grossiste qui fournit soit aux supermarchés, soit au secteur de la restauration. Il y a aussi une production biologique de fraises qui est distribuée de la même manière.

Alors que presque tous les producteurs proposent leurs fruits en vente directe à la ferme, seulement les plus grands producteurs fournissent leurs produits aux grossistes ou à des grandes chaînes de distribution.

ad 4) Les fraises cultivées au Luxembourg sont en général des variétés dites non remontantes adaptées à la consommation directe, c'est-à-dire que les variétés ne fructifient que pendant une période de trois à quatre semaines.

Comme la production de ces variétés est courte et importante, les producteurs choisissent le plus souvent différentes variétés de façon à pouvoir offrir des fruits sur une période de temps étendue.

#### **Trafic à Pétange | Question 6256** (27/05/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

A menger parlamentarescher Fro N° 3847 hat ech dem Minister verschidde Léisungsvirschléi fir d'Trafficksituation op der Péitenger Collectrice proposéiert. Zur Iddi vun enger Ënnerfëierung ënnert dem Rond-point beim LMA hat de Minister gesot, dass an enger spéiderer Phas eng Ënnerfëierung beim Rond-point virgesi wier an dass zu deem Zäitpunkt Trafficksimulatiounen missten duerchgefouert ginn, fir dat Ganz richteg kënnen ofzeschätzen.

An deem Zusammenhang wëllt ech dem Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten dës Froe stellen:

1. Gëtt envisagéiert, de Projet vun der Ënnerfëierung beim Rond-point an deenen nächste fënnf Joren unzegoen?
- Falls jo, wéi laang géif de Bau vun enger Ënnerfëierung schätzungsweis op dës Plaz daueren?

2. Wéi steet de Minister zur Afëierung vun engem Turbo-Rond-point op dës Plaz, esou wéi en op der Collectrice no der Sortie Suessem-Déifferdeng gebaut gouf?

**Réponse** (08/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Wéi schonns an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro mat der Nummer 3847 vum 12. Mäerz 2021



beschriwwen, ass d'Achs vun der N31 tëscht der Biff an der belsch/franséischer Grenz eng wichteg Verbindungsstrooss, déi och an den neie konzeptuellen Iwwerleeunge Bedeitung behält, wou de regionale Stroosserseré am Sënn vun enger „classification fonctionnelle“ analyséiert gouf.

Am Plan national de mobilité 2035 (PNM 2035) stinn déi ugeduechte Mesurë fir de Mobilitéitskorridor N5/CFL70 (Säit 145), déi ënner anerem virgesinn, datt d'N31 ausgebaut muss ginn, fir d'Uertschaften aus der Regioun ëm Péiteng signifikant ze entlaaschten an do entspriechend Verkéiersberouegungsmaossname kënne ze realiséieren.

Momentan sinn déi entspriechend Etüde lancéiert, bei der verschidden Optiounen op hir Wierksamkeet a Machbarkeet ënnersicht ginn. Zu dësem Zäitpunkt kann awer nach keng Ausso gemaach ginn, wéi d'Kräizungen an d'Usschloppunkten optimal amenaagéiert kënne ginn.

Deementspreechend kann och am Abléck keen Timing vu méiglechen Aarbechten op dëser Plaz annoncéiert ginn.

#### Stations de charge pour bus électroniques à la gare de Rodange | Question 6261 (30/05/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Aktuell gëtt d'Gare zu Rodange komplett frësch gemaach an erweidert. Och d'Haltestell fir d'Busser gëtt erweidert. Bis 2030 soll d'Busflott beim RGTR, dem Minister no, komplett elektresch fueren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

– Sinn op der Bushaltestell zu Rodange, déi jo een Termin vu verschiddene Buslinnen ass, Luedstationen fir Elektrobusser virgesinn?  
Falls jo, wéi vill Borne kommen dohinner a wat fir eng Leeschtung hunn se?  
Falls nee, firwat net?

**Réponse** (07/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Et ass net virgesinn, op der neier Busgare zu Rodange Luedstationen fir Elektrobusser ze installéieren. No Récksprouch mam Service RGTR vun der Administration des transports publics kruten d'CFL d'Information, dass keng Luedstationen fir Elektrobusser op der Gare Rodange gebraucht ginn.

#### Opérations militaires turques en Syrie | Question 6264 (30/05/2022) de Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)

Selon les déclarations du Président turc Recep Tayyip Erdoğan, la Turquie s'apprête à lancer une nouvelle offensive militaire dans le nord de la Syrie contre les territoires kurdes. Les plans en vue d'une nouvelle incursion ont été avalisés, jeudi 26 mai, par le Conseil de sécurité de la Turquie.

Si cela se confirme, il s'agirait de la quatrième opération récente lancée par la Turquie sur le territoire de la Syrie après celles de 2016, 2018 et 2019. Rappelons que suite à l'offensive de 2019, condamnée par l'Union européenne, des sanctions en matière d'exportations d'armes avaient été introduites par les pays européens.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères :

1) Quelle est la position du Luxembourg par rapport à cette nouvelle offensive annoncée de la Turquie dans le nord de la Syrie ?

2) Quels efforts sont actuellement entrepris par le Luxembourg et/ou l'UE pour empêcher une nouvelle escalade de la situation militaire dans le nord de la Syrie ?

3) Quelle réaction peut-on attendre de la part des pays européens si cette nouvelle offensive militaire de la Turquie venait à se concrétiser ?

4) Jugez-vous l'occupation de certains territoires de la Syrie par la Turquie conforme au droit international ? Quelle est la position du Luxembourg par rapport à cette occupation ?

**Réponse** (27/06/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1) Le Luxembourg estime qu'il convient de répondre aux préoccupations de la Turquie en matière de sécurité par les voies politique et diplomatique. Le Luxembourg, tout comme l'UE et les Nations Unies, continue de souligner que la souveraineté et l'intégrité territoriale de la Syrie doivent être respectées. De ce fait, le Luxembourg a par le passé condamné les opérations militaires turques dans le nord de la Syrie. Il ne saurait y avoir de solution durable au conflit syrien par des moyens militaires. Une reprise des hostilités armées dans le nord du pays risquerait d'aggraver encore les souffrances des civils. Les chances que le processus politique mené sous l'égide des Nations Unies puisse permettre d'instaurer la paix en Syrie s'en trouveraient compromises.

ad 2) Les Nations Unies, les États-Unis et la Russie ont appelé la Turquie à renoncer à une nouvelle offensive. Le Luxembourg et l'Union européenne soutiennent les efforts de l'Envoyé spécial des Nations Unies pour la Syrie, Geir Pedersen.

ad 3) À ce stade, il ne convient pas de spéculer sur des réactions face à une éventuelle nouvelle offensive turque en Syrie.

ad 4) Nous demeurons attachés à l'unité, à la souveraineté et à l'intégrité territoriale de l'État syrien, qui ne peuvent être assurées qu'au moyen d'une véritable transition politique, conformément à la résolution 2254 du Conseil de sécurité des Nations Unies et au communiqué de Genève de 2012, négocié par les parties syriennes dans le cadre du processus de Genève mené sous l'égide des Nations Unies.

#### Participation aux élections législatives | Question 6271 (31/05/2022) de M. Fred Keup (ADR)

Bei der leschte Chamberwalen 2018 waren all d'Lëtzeburger op der ganzer Welt opgeruff, fir hiert Parlament ze wälen. Vun deene ronn 100.000 Auslandslëtzeburger hunn der awer nëmmen 1.529 ee Walziedel ugefrot. Dat geet aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N° 3658 vum 7. Februar 2021 ervir.

An deem Zesummenhank hunn ech follgend Froen un d'Häre Staatsminister an Ausseminister:

1. Kann d'Regierung preziséieren, wéi vill vun deenen 1.529 Auslandslëtzeburger tatsächlech hir Stëmm ofginn hunn?

2. Bei de Chamberwalen 2018 ware vun den deemolege ronn 320.000 Lëtzeburger Awunner 259.887 walberechtigt, a vun deenen hunn der 233.014 (89,7 %) och tatsächlech gewielt. Vun deene ronn 100.000 Auslandslëtzeburger hunn der 1.529 e Walziedel gefrot, esou dass een dovun ausgoe kann, dass, wann ee bei dëser Rechnung déi circa 20 %

Mannerjäreg ofrechent, ronn 2 % vun de walberechtigten Auslandslëtzeburger vun hirem Walrecht Gebrauch gemaach hunn. Am Ganze läit d'Walbedeelegung bei de Chamberwalen deemno bei circa 69 % an d'Abstentioun bei 31 %. Kann d'Regierung dës Schätzung confirméieren, respektiv korrigéieren?

3. Wéi schätzt d'Regierung eng Walbedeelegung vun 69 % vun de Wieler bei de Chamberwalen an? Ass dës an den Ae vun der Regierung een zefriddestellend Resultat?

4. Gesäit d'Regierung ee méiglechen Handlungsbedarf, fir méi Leit zum Wielen ze motivéieren?

**Réponse commune** (15/06/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 3658 schonn erkläert gouf, gëtt de Walziedel vun engem Lëtzeburger, deem am Ausland wunnt, direkt un de Walbüro vun der zoustänneger Gemeng geschéckt. D'Regierung huet also keng Kenntnis dovunner, wéi vill vun de betraffene Persounen effektiv och gewielt hunn.

ad 2. an 3. Wéi och schonn an der uewen zitierter Äntwert erwähnt, ass et net méiglech anzuschätzen, awéifern déi offiziell Zuel vu Lëtzeburger Staatsbürger der reeller Zuel entsprécht. Genau sou ass déi an der parlamentarescher Fro opgeféiert Berechnung reng spekulativ an duerch déi nämmelecht Grënn net ze iwwerpräiwen, respektiv ze korrigéieren.

Et ass och drun ze erënneren, dass d'Lëtzeburger, déi am Ausland wunnen, laut dem Walgesetz net verpflichtet sinn ze wälen, mee fräiwëleg entscheeden kënnen, ob si per Brëifwal un de Wale wëllen deelhuefen.

ad 4. Fir d'Lëtzeburger, déi zu Lëtzebuerg wunnen, gëllen d'Dispositiounen iwwert d'Walpflicht. Des Weidere verweise mir nach eng Kéier op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 3658 an där duergeluecht gouf, dass eng Campagne fir méi Lëtzeburger, déi am Ausland wunnen, zum Wielen ze motivéieren, schwéier ze realiséieren ass.

#### Pression politique sur des employeurs privés | Question 6279 (01/06/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

E Lëtzeburger Doktorand huet, no senger Kritik un der Regierung hirem Héichwaasser-Dispositiv, seng Plaz bei enger Lëtzeburger Start-up verluer a Schwierigkeiten op senger Uni kritt. Et gëtt en Dementi vum Patron, vu Politiker oder der Regierung ënner Drock gesat ginn ze sinn. Hien hätt de Mann entlooss, fir politischem Drock aus dem Wee ze goen.

Duerfir wëll ech dës Froe vun der Regierung beäntwert kréien:

1. Wéi reagéiert d'Regierung op dës Situatioun? Bekennt si sech zu de Prinzipien vun der Fräiheet vun der Wëssenschaft an der Meenungsfräiheet? Huet si schonn Drock op ekonomesch oder aner Entitéiten ausgesat, fir eng wëssenschaftlech oder politesch Meenung ze ënnerdrécken, déi hir net gepasst huet?

2. Wou kënne Wëssenschaftler, Instituter oder Entreprise reklaméieren, wann hir wëssenschaftlech Fräiheet vu Politiker oder politesch Entitéiten mëssuecht ginn?

3. Mat wéi enge Konsequenzen misste Politiker rechnen, déi probéieren, wëssenschaftlech fundéiert Meenungen, déi hinnen net passen, ze ënnerdrécken?

4. Wéi stellt sech déi aarbechtsrechtlech Situatioun vun engem Wëssenschaftler duer, dee wéinst sengen, der



Politik onbequeemen, wëssenschaftleche Resultater entlooss gëtt? Misst hien net nees engagéiert an indemniséiert ginn?

**Réponse commune** (27/06/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

ad 1. D'Regierung bekennt sech ausdrécklech zum Prinzip vun der Meenungs- a Fuerschungsfreiheet. Et ass eng gängeg Praxis, datt Wëssenschaftler an Experten sech kritesch mat der Regierungsarbeit ausenanesetzen. Kritik un der Regierungsarbeit ass an enger Demokratie en normale Virgang an ass a kengster Weis verbueden oder unerwünscht. Deemno mécht och kee Regierungsmember Drock, fir eng wëssenschaftlech oder politesch Meenung ze ënnerdrécken.

ad 2. Chercheure vun der Uni Lëtzebuerg, déi sech politeschem Drock géifen ausgesat gesinn, kënnen sech un hir Hierarchie bei der Universitéit oder direkt un den Ombudsman vun der Universitéit wenden, dee keen hierarchesche Lien mam Recteur huet mee direkt dem Conseil de gouvernance rapportéiert. D'Universitéit ass och amgaang, Prozedure fir Whistleblower opzestellen, déi am Aklang si mat dem legale Kader, deen dofir virgesinn ass.

ad 3. D'Regierung verweist op hir Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 6299.

ad 4. D'Aarbechtsrecht applizéiert sech hei an d'Regierung ka sech net zu arbeitsrechtliche Virgänge äusseren, iwwert déi si weeder Informatiounen nach Afloss huet.

**Maisons relais** | Question **6281** (01/06/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

D'„maisons relais“ gehéieren zu de wichtegste kollektive Betreuungsstrukturen hei am Land. Geréiert gi si vun de Gemengen oder vu gemengnëtzge Veräiner. Nieft hire Betreuungsopgaben erfëllen d'Maisons relais och eng wichteg Roll bei der Integratioun vun auslännesche Kanner.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Schoulminister:

1. Wéi vill Kanner sinn 2021/2022 an eng „maison relais“ gaangen?
2. Wéi vill Personal schafft an de „maisons relais“?
3. Wéi deelt sech dëst Personal op no Geschlecht an no Nationalitéit?
4. Muss d'Personal, dat am Kontakt mat de Kanner ass, eis Landes- an Integratiounssprooch Lëtzeburgergesch kennen?
5. Op wéi engem Niveau a wéi gëtt dëst kontrolléiert?
6. Wéi eng sproochlech Qualifikatioun si soss nach gefrot?
7. Ass am Kader vun enger Fërderung vun der Lëtzeburger Sprooch ee lëtzebuergeschen Numm geplangt, fir dat franséisch „maison relais“ ze ersetzen?

**Réponse** (27/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Am Oktober 2021 ware 36.417 Schoulkanner an engem Bildungs- a Betreuingsservice fir Schoulkanner (fréier „maison relais“ genannt) ageschriwwen. Dës Service sinn entweder vun enger Gemeng, enger ASBL oder engem private Bedreiwer geréiert.

ad 2. D'Personal an de Bildungs- a Betreuingsservice fir Schoulkanner gëtt vun ënnerschiddleche Gestionairen agestellt. D'Zuele vum Personal ginn net zentral eraassat.

Eng Ëmfro, déi Enn vum leschte Joer vum Service national de la jeunesse gemaach gouf, huet dës Zuelen erginn:

- Personal a Strukturen, déi ausschliesslech Schoulkanner encadréieren: 259 Strukturen, 2.983 Mataarbechter a Mataarbechterinnen.
- Personal a Strukturen, déi esouwuel Klengkanner wéi och Schoulkanner encadréieren: 83 Strukturen, 1.249 Mataarbechter a Mataarbechterinnen.

D'Zuele berouen op dem Personalstand vum 31. August 2021.

ad 3. Dem Ministère ass d'Opdeelung no Geschlecht an no Nationalitéit net bekannt.

ad 4. D'Reglement, dat d'Konditiounen fir den Agreement vun de Bildungs- a Betreiuungsstrukturen (SEA) festleet, gesäit vir, datt de Gestionnaire dat edukatiivt Personal esou zesummesetze muss, datt déi dräi offiziell Landessproochen, wéi am Gesetz vum 24. Februar 1984 virgesinn, verstan a geschwat ginn.

ad 5. D'Sproochekenntnisser ginn am Kader vun de Kontrolle vum Educationministère gekuckt. Um Niveau vun der Agreementdemande muss den Träger eng Attestatioun ënnerschreiwen, datt an senger Struktur d'Ufuerderungen, wat d'Sproochen ubelaangt, erfëllt sinn.

ad 6. Am Schoulkandberäich si keng weider sproochlech Qualifikatiounen gefrot, ausser wa Kanner encadréiert ginn, déi eligibel fir de Programme vun der „éducation plurilingue“ sinn. An deem Fall muss, ënner anerem, den Niveau C1 fir mindestens 40 Stonnen am Lëtzebuergeschen nogewise ginn.

ad 7. D'Reglement vun 2005, deen d'Maison relais geschafen huet, ass 2013 ersat ginn duerch en neit Règlement. Laut deem neie Règlement gouf de Begrëff vun der Maison relais ersat duerch „Service d'éducation et d'accueil“, woubäi de lëtzebuergesche Begrëff „Bildungs- a Betreuingsservice“ ass.

**Évolution du trafic routier depuis la pandémie** | Question **6293** (02/06/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Nodeems verstärkt den Teletravail während der Kris agefouert gi war an och elo nach etlech Leit dovunner profitéieren, kéint een zäit- a plazeweis den Androck gewannen, datt et zu manner laange Stauwe kënnt.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte follgend Froen stellen:

1. Kann den Här Minister dësen Androck op Basis vun Zielunge confirméieren?
2. Wéi huet sech d'Verkéiersopkommes generell a speziell op eisen Autobunnen an der Period 2020–2022 am Verglach zur Period 2018–2020 entwéckelt?

**Réponse** (08/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Am Ufank vun der Pandemie war e kloren Abroch am deegleche Verkéier ze erkennen, deen sech awer relativ séier op 80-90 % vum Verkéiersopkommes vu virun der Pandemie stabiliséiert huet.

Haut sinn déi meeschten Dageswäerter vun de permanenten an automatesche Verkéierszähler um Autobunnsreséau erëm quasi op dem Verkéiersniveau wéi virun der Pandemie an zum Deel sinn och méi héich Spëtzen ze erkennen. D'Variatiounen sinn natierlech saisonal bedéngt ze betruechten.

D'Dagesbild vum Verkéiersopkommes op den Haaptachsen ass generell awer méi diffus ginn an et stiechen och d'Spezialdeeg (z. B. Freidegawesspëtzt) net méi esou eraus.

ad 2. An der Period 2018/2020 hu mir eng liicht Augmentatioun vum Verkéiersopkommes festgestallt. Am Ufank vun der Pandemie ass d'Verkéiersopkommes um Autobunnsreséau generell an zäitweis ëm bis zu 80 % gefall. Op d'Gesamtjoer 2020 gekuckt, stellt een awer fest, datt sech d'Verkéiersopkommes op ronn 80 % vum deegleche Verkéier, deen an de Joren 2018/2019 gezielt gouf, agependelt huet.

Am Joer 2021 ass d'Verkéiersopkommes erëm gréisstendeels un den Niveau vun 2019 erukomm. Fir 2022 weist sech ee weidere liichte Zouwuess vum Verkéier.

Déi aktuell Zuele sinn och um Site <https://travaux.public.lu/fr/infos-traffic/comptage.html> ersichtlech.

**Licenciement suite à la pression politique** | Question **6299** (03/06/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

An der parlamentarescher Fro N° 6267 hunn ech de Minister gefrot, ob de Minister der Meenung wier, dass dee vun 100,7 beschriwwene Fall, wou e Mataarbechter vun RSSHydro no ëffentlecher Kritik u Regierungshandlung gekënnegt kritt huet, misst mat Bléck op den Deontologieskodex iwwerpréift ginn, sollt sech erausstellen, dass ënnert de politesche Vertrieder, déi Drock op den Employé an d'Firma ausgeübt hunn, och Regierungsmembere waren. De Minister huet geäntwert, dass kee Regierungsmember Drock ausgeübt hätt. D'Fro, ob d'Ausübe vun Drock e Fall fir den Deontologieskodex wier a wéi eng Konsequenzen et hätt, sollt sech awer erausstellen, dass Drock säitens der Regierung ausgeübt gi wier, ass esou net beäntwert ginn.

Weider ass net kloer, ob héich Beamten, déi nom Arrêté royal-grand-ducal vom 9. Juli 1857 iwwert d'Organisatioun vun der groussherzoglecher Regierung der Regierung rattachéiert ginn, hei eventuell involvéiert waren.

An deem Zusammenhang wéilt ech dem Premierminister dës Froen stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass dee vun 100,7 beschriwwene Fall misst mat Bléck op den Deontologieskodex iwwerpréift ginn, sollt sech erausstellen, dass ënnert de politesche Vertrieder, déi Drock op den Employé an d'Firma ausgeübt hunn, och Regierungsmembere oder héich Beamten waren?

Deckt den Deontologieskodex esou Situatiounen of?

2. Mat wéi enge Konsequenzen misst an deem Fall gerechent ginn?

**Réponse** (27/06/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État

Fir Regierungsmembere gesäit den Artikel 1 §2 vum Arrêté grand-ducal du 14 mars 2022 fixant les règles déontologiques des membres du Gouvernement Follgendes vir: « Les membres du Gouvernement sont au service de tous les citoyens. Ils sont tenus d'accomplir leurs fonctions dans un esprit d'intégrité, de désintéressement, de transparence, de diligence, d'honnêteté, de responsabilité et d'impartialité. »

Laut Artikel 27 vum nämlechen Arrêté kënnen d'Regierungsmembere den Ethikscodex saisiéieren, wann d'Applikatioun vun dësem Reegelen Froen opwerfen.

Eventuell Konsequenzen wieren an sou engem Fall politescher Natur.



Fir d'Regierungsréit applizéieren sech d'Reegele vum Beamtestatut, deen a sengem Kapitel 5 d',devoirs du fonctionnaire' virgesäit, dorënner och den Artikel 10 (1):

« Le fonctionnaire doit, dans l'exercice comme en dehors de l'exercice de ses fonctions, éviter tout ce qui pourrait porter atteinte à la dignité de ces fonctions ou à sa capacité de les exercer, donner lieu à scandale ou compromettre les intérêts du service public.

Il est tenu de se comporter avec dignité et civilité tant dans ses rapports de service avec ses supérieurs, collègues et subordonnés que dans ses rapports avec les usagers de son service qu'il doit traiter avec compréhension, prévenance et sans aucune discrimination. »

Verfeelunge vu Beamten géint d',devoirs du fonctionnaire', wéi se am Beamtestatut virgesi sinn, si laut Kapitel 14 vum Beamtestatut disziplinarescher Natur.

**Licenciement suite à la pression politique |** Question 6300 (03/06/2022) de **Mme Martine Hansen | M. Gilles Roth (CSV)**

Dans la foulée de critiques émises par rapport à la gestion des inondations en juillet 2021 par les autorités gouvernementales, un jeune scientifique s'est vu licencier par son employeur, une entreprise œuvrant entre autres dans le domaine de la cartographie de zones inondables. D'après certains articles de presse, le directeur de cette entreprise aurait dit à son employé avoir été interpellé par plusieurs personnes à l'occasion de la foire « ICT Spring » ayant eu lieu du 14 au 15 septembre 2021.

C'est dans ce contexte que nous voudrions poser la question suivante à Monsieur le Premier Ministre :

– Monsieur le Premier Ministre peut-il nous fournir une liste exhaustive de tous les représentants du Gouvernement ainsi que de tous les collaborateurs de ministères, voire administrations ayant visité l'édition 2021 de la foire « ICT Spring » ?

**Réponse (27/06/2022) de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État**

Le Gouvernement ne participe pas à la suspicion générale contre tous les collaborateurs de ministères, voire administrations ayant visité l'édition 2021 de la foire « ICT Spring », d'autant plus que ces derniers ne sont en aucun cas spécifiquement visés par les déclarations mentionnées qui ne font référence qu'aux « verschidde Leit » qui auraient interpellé le directeur de l'entreprise.

**Communication autour de la variole du singe |** Question 6312 (08/06/2022) de **Mme Josée Lorsché | M. Marc Hansen (déi gréng)**

La variole du singe étant une maladie virale transmissible aux êtres humains par des animaux et de manière interhumaine, le site Internet « sante.lu » informe qu'aucun cas d'infection n'a jusqu'à présent été confirmé au Luxembourg. Quant aux modes de transmission, il y est expliqué qu'elle a lieu par contact sexuel ou avec les fluides corporels d'une personne atteinte. Les personnes ayant des partenaires multiples et les hommes ayant des rapports sexuels avec des hommes sont présentés comme courant un risque élevé.

Dans ce contexte, plusieurs membres de la communauté LGBTQI+ ont fait allusion aux débuts de la crise du SIDA qui avait mené à une stigmatisation des hommes bisexuels ou homosexuels. Une communication axée sur l'orientation sexuelle est doublement

contreproductive : D'un côté les personnes concernées pourraient cacher leur maladie par crainte d'être exposées à des réactions discriminatoires. De l'autre côté, les personnes ne faisant pas partie des groupes susmentionnés pourraient ne pas se sentir concernées et négliger les mesures de protection nécessaires.

S'il est vrai que le Centre européen de prévention et de contrôle des maladies (ECDC) a confirmé qu'actuellement les hommes ayant eu des rapports sexuels avec des hommes se retrouvent davantage parmi les personnes infectées, il rappelle la communication autour des risques doit souligner que la variole du singe se transmet par contact étroit entre les personnes, en particulier au sein d'un même foyer, y compris par voie sexuelle et ce indépendamment de l'orientation sexuelle.

L'Organisation mondiale de la santé (OMS) quant à elle insiste sur le fait que tout le monde ayant eu un contact physique proche avec une personne infectée est à risque. Elle rappelle également l'importance d'éviter toute stigmatisation en la matière.

Dans cet ordre des idées, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Quelle est la raison pour laquelle le Ministère de la Santé ne s'est pas aligné sur la communication de l'OMS en insistant sur le fait que les contacts étroits, y compris sexuels sont les principaux modes de transmission du virus, et ce indépendamment de l'orientation sexuelle ?

2) Madame la Ministre n'est-elle pas d'avis qu'il faudrait d'ores et déjà tenir compte du risque de stigmatisation liée à une communication se focalisant sur l'orientation sexuelle et adapter la communication sur la variole du singe en modifiant la terminologie y afférente sur le site « sante.lu » ?

**Réponse (27/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

Toute communication autour d'une maladie et notamment d'une maladie transmissible, doit se faire d'une part en évitant toute stigmatisation d'individus ou de groupes de personnes, et d'un autre côté doit fournir assez d'informations factuelles afin de permettre aux personnes les plus exposées de prendre les mesures de prévention utiles qui s'imposent.

Considérant cette double exigence, l'Organisation mondiale de la santé (OMS) insiste sur la nécessité d'éviter toute stigmatisation d'un groupe de personnes sur base d'une maladie et rappelle que la stigmatisation peut devenir rapidement un obstacle aux actions de santé publique et ainsi même être à l'origine d'une prolongation d'un épisode épidémique, puisqu'elle peut conduire des personnes à ne pas se faire soigner ou à éviter des mesures de prévention.

En même temps, l'OMS et le Centre européen de contrôle et de prévention des maladies (ECDC) n'hésitent pas à rapporter des données factuelles sur l'épidémie actuelle de la variole du singe, y inclus le fait que la quasi-totalité des personnes qui ont été infectées en 2022 en Union européenne (EU) et dans l'Espace économique européen (EEE) étaient des hommes (1.786/1.796 cas détectés en EU/EEE, soit 99,4 %) et que sur les 676 cas où une orientation sexuelle a été rapportée, 672 personnes (99,4 %) s'identifient elles-mêmes comme des hommes qui avaient eu des relations sexuelles avec des hommes (1). À noter cependant que pour presque deux tiers des cas des informations sur les pratiques sexuelles n'ont pas été recueillies ou rapportées. S'il est donc vrai qu'en principe toute personne peut s'infecter par le virus, force est aussi de constater que les données épidémiologiques actuelles pointent vers la circulation privilégiée du virus en Europe dans une partie restreinte de la population.

Afin de remplir leur devoir d'information et de prévention, l'OMS n'a d'ailleurs pas hésité à publier rapidement un dépliant ciblant spécifiquement un groupe à risque (2).

Le Ministère de la Santé est d'avis que sa communication est parfaitement en ligne avec celle de l'OMS et de l'ECDC, et ne vise en aucun cas à stigmatiser des personnes, mais à donner des informations factuelles pour les protéger. Les informations sur le site sante.lu en relation avec la variole du singe ont été mises à jour régulièrement.

Références :

(1) Joint ECDC-WHO Regional Office for Europe Monkeypox Surveillance Bulletin, 22 June 2022, accessed at <https://monkeypoxreport.ecdc.europa.eu>

(2) WHO: Public health advice for gay, bisexual and other men who have sex with men on the recent outbreak of monkeypox, accessed under: Monkeypox: public health advice for gay, bisexual and other men who have sex with men

**Prise de rendez-vous pour un test tuberculeuse après de la Ligue médico-sociale |** Question 6313 (08/06/2022) de **M. Paul Galles (CSV)**

Leit aus Drëttstaate mussen sech enger medezinnescher Kontroll ënnerzeien, fir eng Carte de séjour ze kréien, wann si méi laang wéi dräi Méint wëllen am Land bleiwen. An deem Kader gëtt och en Tuberculostest verlaangt. Eisen Informatiounen no dauert et am Moment méi wéi zwee Méint, bis ee bei der Ligue médico-sociale e Rendez-vous kritt, fir en Test ze maachen.

An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Ausseminister a Minister fir d'Immigratioun stellen:

– Kënn Dir des Informatiounen bestätegen?

• Wa jo, kënnen déi betrafte Persounen och op enger anerer Plaz esou en Test maachen?

– Wat fir Konsequenzen huet déi laang Waardezäit fir déi betrafte Persounen?

– Wat wëllt d'Regierung maachen, fir d'Waardezäit bei den Tester ze verkierzen?

– Wat wëllt d'Regierung maachen, fir méiglech negativ Konsequenzen fir déi betrafte Leit ze verhënneren?

**Réponse commune (08/07/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, Ministre de l'Immigration et de l'Asile | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

D'Ausstelle vun enger Openthaltsgeneemegung fir Leit aus Drëttstaten ass gereegelt am modifizéierte Gesetz vum 29. August 2008 iwwert d'fräi Zirkulatioun vun de Persounen a vun der Immigration, an am groussherzogleche Règlement vum 3. Februar 2009 betreffend de Contrôle médical vun den Ausländer.

Dës Texter fuerderen, dass d'Persoun, déi esou eng Openthaltsgeneemegung freet, een Examen médical bei engem Generalist, Spezialist an der interner Medezinn oder an der Pédiatrie mécht. Den Dokter mécht déi Ennersuchungen, déi hie fir néideg fënnt a stellt dono en Zertifikat aus op engem Formulaire vum Gesondheetsministère. Dësen Zertifikat gëtt dann, maximal bannent engem Mount, vum Dokter un ee Medezinner („médecin délégué“) an der Gesondheetsdirektioun geschéckt.

Parallèlement dozu muss den Demandeur och e Rendez-vous froe bei der Ligue luxembourgeoise de prévention et d'actions médico-sociales fir eng Tuberkulosekontroll.



Säit dem 29. Abrëll 2022 ass heibäi d'obligatorescht Röntgebild vum de Longen duerch eng Blutanalys ersat ginn. Dëst huet den Advantage, dass den Demandeur kenger Röntgestralung méi ausgesetzt gëtt, an dass och vill Blutanalysen a relativ kuerzer Zäit gemaach kënnen ginn. D'Blutanalyse ginn am Nationale Gesondheitslaboratoire gemaach.

D'Resultater vum der Tuberkulosekontroll kommen och bei de „médecin délégué“, deen dann een definitiven Avis a Zertifikat ausstellt an dem Ausseministère iwwermëttelt.

Et gouf effektiv rezent eng Rei Retarden duerch déi grouss Zuel vu Leit, déi virum Krich an der Ukrain geflücht sinn an déi och bei der Ligue médico-sociale hir Tuberkulosekontroll hu misse maachen. Do ass awer du schnell d'Kapazitéit vum den Ennersuchungen eropgesat ginn an aktuell huet dës Situatioun sech erëm normaliséiert an et gëtt ëmmer fräi Rendez-vousse bei der Ligue.

D'Dauer vum der ganzer Prozedur hänkt natierlech dovun of, wéi schnell d'Leit e Rendez-vous beim Dokter a bei der Ligue huelen a kréien, a wéi schnell d'Resultater dann der Gesondheitsdirektioun iwwermëttelt ginn. Esoubal d'Resultater virleien, geet den definitiven Avis am Prinzip bannent den 72 Stonnen eraus, ausser bei ganz komplexe Situatiounen, wou et bis zu 14 Deeg dauere kann.

Esoulaang d'Resultater vum Examen médical net virleien, ka vum der Direction de l'immigration vum Ausseministère d'Prozedur fir d'Ausstelle vum engem Openthaltsittel net ofgeschloss ginn. Déi concernéiert Persoun sinn awer duerch hir Umellung op der Gemeng an hir temporär Openthaltseneemegung legal am Land – dëst och ouni Titre de séjour. Et sief nach notéiert, dass am Kontext vum Ausstelle vum engem Carte de séjour keen Examen médical gefrot ass, dëst limitéiert sech eleng op den Titre de séjour.

#### Propos de l'ONG « Tax Justice Network » | Question 6316 (08/06/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Am Artikel „Mehr als eine Handvoll Dollar“, deen den 28. Mee am „Tageblatt“ publizéiert gouf, heescht et, datt d'ONG „Tax Justice Network“, mat Sëtz zu Bristol a Groussbritannien, Lëtzebuerg nach ëmmer als „Steieroas“ bezeechent. Dëst, well Entrepreneuren hei am Aklang mat der nationaler Legislatioun deelweis manner Steiere bezeuele wéi an anere Länner. Weider heescht et an deem Artikel, datt déi genannten ONG Lëtzebuerg dobäi, op Basis vum engem selwer gewielter, subjektiver Definitioun, uprängert. Op der Lëscht vum hiren Donateurs fënnt sech ënner anerem d'EU-Kommissioun.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Gesäit d'Regierung et als opportuun, datt d'EU-Kommissioun trotz dem Brexit eng ONG mat Sëtz am Vereenegte Kinnekräich finanziert, där hir Aktivitéiten dem Lëtzebuerger Image zu Onrecht schueden?

2. Gedenkt d'Regierung am Sënn vum der Fro virdrun, bei der EU-Kommissioun ze intervenéieren, fir dës Finanzéierung ze stoppen? Falls net, kann d'Regierung elaboréieren, wéi déi Decisioun motivéiert ass a wéi se sech mat der Regierung hirer Politik vum „Nation Branding“ verdréit?

**Réponse commune** (08/07/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Lëtzebuerg setzt sech weltwäit fir de Schutz vum der Aarbecht vum ONGen an. Onofhängeg dovunner, wou

eng ONG baséiert ass, ënnerläit se weeder enger Regierung nach internationalen Organisatiounen.

Der Europäescher Kommissioun steet et fräi, och ONGen ausserhalb vum der EU ze ënnerstëtzen.

Och wann eng Regierung net onbedéngt ëmmer all Stellungnahmen deelt, esou ass eng oppen Zivillgesellschaft e wichtege Pilier vum enger Demokratie. Et ass also der EU-Kommissioun iwwerlooss, mat der Diskrepanz tëschent der Conclusioun vum dëser ONG an den eegene Conclusiounen a puncto Steuerregimier vum der Memberstaaten ëmzegoen.

#### Éventuelle extradition de Julian Assange vers les États-Unis | Question 6318 (08/06/2022) de Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)

Julian Assange, éditeur, lanceur d'alerte et fondateur de la plateforme d'information Wikileaks, est détenu dans une prison au Royaume-Uni. Fin avril, la justice britannique a autorisé l'extradition de Julian Assange vers les États-Unis. Toutefois, la décision finale revient à la Secrétaire d'État à l'Intérieur de la Grande-Bretagne.

Récemment, la Commissaire aux droits de l'homme du Conseil de l'Europe Dunja Mijatović a adressé une lettre à la Secrétaire d'État à l'Intérieur de la Grande-Bretagne. Dans ce courrier, Dunja Mijatović appelle le Gouvernement britannique à ne pas extraditer Julian Assange vers les États-Unis en argumentant que cela aurait des graves conséquences sur la liberté de la presse et le journalisme d'investigation dans nos sociétés démocratiques. Elle réitère également des craintes formulées par des experts quant au traitement qui serait, le cas échéant, réservé à Julian Assange aux États-Unis. En effet, selon Amnesty International (AI), Assange risque la torture et la prison à vie. AI et d'autres organisations formulent également des craintes quant à la liberté de la presse.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères :

1) Partagez-vous l'opinion de Madame Mijatović que l'extradition de Monsieur Assange vers les États-Unis aurait des conséquences négatives sur la liberté de la presse ? Comment expliquez-vous ces craintes ?

2) Est-ce que vous partagez l'avis que le Gouvernement devrait renoncer à une extradition ? Dans l'affirmative, êtes-vous prêt à intervenir envers le Gouvernement britannique dans ce sens ?

**Réponse** (08/07/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Le Luxembourg est un fervent défenseur de longue date des droits fondamentaux que sont la liberté de la presse et la liberté d'expression. L'engagement du Luxembourg en faveur de la protection de ces droits, consacrés tant par les normes nationales qu'internationales, est régulièrement renforcé, comme le prouve le dépôt, en janvier 2022, du projet de loi transposant la directive européenne sur la protection des lanceurs d'alerte.

Nous constatons que l'affaire de Monsieur Assange a connu de nouveaux développements depuis la lettre officielle de Madame Dunja Mijatović du 10 mai 2022 à laquelle se réfère la présente question parlementaire. Les autorités britanniques ont signé un décret en date du 17 juin 2022 ordonnant l'extradition de Monsieur Assange vers les États-Unis. Monsieur Assange a interjeté appel contre cette décision devant la Cour suprême du Royaume-Uni. L'affaire est actuellement pendante devant la Cour suprême et Monsieur

Assange a d'ores et déjà indiqué vouloir saisir, si nécessaire, la Cour européenne des droits de l'homme. S'agissant d'une procédure judiciaire en cours dans un autre État, une intervention politique des autorités luxembourgeoises ne serait pas opportune.

En tant que Commissaire aux droits de l'homme, Madame Mijatović a agi dans le cadre de son mandat qui est d'améliorer la sensibilisation aux droits humains et leur protection dans les États membres.

#### Détectives privés | Question 6327 (10/06/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Bei engem Privatdetektiv handelt et sech ëm eng Persoun, déi als Selbstännege géint Bezuelung Ermittlungen duerchféiert. Geet et dobäi meeschtens ëm finanziell Streidegkeeten, sou kann et virkommen, dass sech d'Privatdetektive während hiren Ermittlungen a legale Grozone, voire an der Illegalitéit beweegen.

Virum allem aus Filmer a Bicher bekannt, stelle Privatdetektiven allerdéngs keng Fiktioun duer. Si offréiere Servicer, op déi theoreetesch all Mënsch zeréckgräife kéint. Sou geet eng Internetrecherche duer, fir eng Rëtsch vum Ubidder vum esou Servicer am Raum vum der Groussregioun ze fannen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ee Gesetz reegelt de legale Kader fir d'Professioun vum Privatdetektiv a wéi eng eethesch Grondprinzipie mussen si respektéieren?

2. Awéifern dierfe Privatdetektiven op d'Date vum enger anerer Persoun zeréckgräifen?

3. Wat sinn d'Ausbildungskrittären, fir de Beruff vum Privatdetektiv ausüben ze kënnen?

4. Wéi kann ee Bierger sech dogéint schützen, wann e mierkt, dass een Detektiv op en ugesat ass? Wat fir Ulaafstelle kënnen Bierger a sou engem Fall consultéieren?

5. Sinn der Ministesch Fäll bekannt, an deenen Amts-/Mandatsträger oder Staats-/Gemeengebeamte vu Privatdetektive ausspionéiert goufen? Falls jo, wéi oft gouf dëst konstatéiert a wat fir Mesurë goufe geholl?

6. Wéi vill Fäll goufen et an de leschte fënnef Joer, wou Privatdetektive vum hiren Zilpersounen ugesicht goufen?

7. Kann et virkommen, dass d'effentlech Hand op Servicer vu Privatdetektive zeréckgräift? Falls jo, wéi oft ass dëst an de leschte fënnef Joer virkomm a wéi eng effentlech Instanze waren den Optraggeber?

8. Kënnt et och vir, dass de SREL oder d'Police mat Privatdetektiven zesummeschaffen?

**Réponse commune** (08/07/2022) de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

ad 1. D'Aktivitéit vum Privatdetektiv ass zu Lëtzebuerg net speziell reglementéiert. Privatdetektive brauchen awer eng Autorisation de commerce.

ad 2. Privatdetektive mussen sech un déi allgemeng geltend europäesch an national Dateschutzgesetzgebung halen.

ad 3. D'Aktivitéit ass net reglementéiert, deemno gëtt et och keng Ausbildungskrittären.

ad 4. Bei potenzielle Violatiounen vum Code pénal duerch Privatdetektive kënnen déi concernéiert Bierger sech un d'Police oder un d'Justizautoritéite



wenden. Doriwwer eraus gëtt et keng spezifesch Ulafstell.

ad 5. Nee.

ad 6. Op Nofro confirméiert de Procureur général d'État, datt hir eng esou eng Affär bekannt ass.

ad 7. Nee.

ad 8. Nee.

**Travaux de peinture du Pont Grande-Duchesse Charlotte** | Question **6360** (15/06/2022) de **M. Max Hahn** | **M. Claude Lamberty** (DP)

Nodeems d'Usträichaarbechten un der Rouder Bréck fir eng Zäit ënnerbrach gi waren, well déi betrafte Firma faillite war, sollten d'Aarbechten uganks 2020 nees ulafen a bis de Fréijoer 2021 fäerdeggestallt ginn. Allerdéngs huet een den Androck, dass sech schonn zënter längerer Zäit näischt méi gedoen huet.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

1. Wou sinn d'Usträichaarbechten un der Rouder Bréck aktuell drun?

2. Wat ass de Grond, firwat d'Aarbechte bis ewell nach net ofgeschloss konnte ginn?

3. Bis wéini sollen d'Aarbechte laut aktuellen Estimatiounen fäerdeg sinn?

**Réponse** (08/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. D'Usträicheraarbechten un der Rouder Bréck sinn aktuell an hirer finaler Phas.

De leschten Deel un de Stëtze vun der Sprengwierkbréck ass am Juni fäerdeg ginn an de leschten Deel ënnert der rouder Bréck, säitens dem Echer Bierg, ass ugefaange ginn.

ad 2. Déi weltwäit sanitär Kris an déi unhalend Problematik mam Manktem u Materialien hunn dozou bäigedroen, dass d'Aarbechten net konnte matzäiten ofgeschloss ginn. Zudeem hunn eng sëlleg Onwiederer duerch hire staarke Wand d'Usträicheraarbechten zousätzlech ënnerbrach.

ad 3. D'Usträicheraarbechte gi viraussichtlech fir de kommende Kollektivcongé 2022 fäerdeg. Uschlëssend ginn nach vereenzelt d'Finitiousaarbechte realiséiert an d'Baugerüster ofgebaut.

**Passerelle flottante traversant le lac de la Haute-Sûre** | Question **6386** (22/06/2022) de **M. Carlo Weber** (LSAP)

Selon les médias, la passerelle flottante traversant le lac de la Haute-Sûre a été endommagée par des actes de vandalisme au cours du week-end dernier et a dû être fermée. Ceci est d'autant plus regrettable qu'il s'agit d'une liaison importante entre Lultzhausen et Liefrange pour les promeneurs et les cyclistes.

Dans ce contexte, je souhaiterais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Monsieur le Ministre peut-il confirmer que les dégâts ont été causés par un acte de vandalisme ? Dans l'affirmative, est-ce qu'une enquête a été lancée contre les auteurs de ces actes ? Sinon, y avait-il trop de monde sur le pont à un moment donné ? Est-ce qu'il y a une limite maximale de personnes autorisées à monter sur le pont ?

2) De quels dégâts s'agit-il au juste ?

3) Combien de temps faudra-t-il pour réparer les dégâts et quand le pont pourra-t-il à nouveau être utilisé ?

**Réponse** (08/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) La nature des dégâts occasionnés au pont flottant de Lultzhausen suggère qu'ils sont dus à des actes de vandalisme. Par conséquent, les services de la Division des ouvrages d'art (DOA) de l'Administration des ponts et chaussées ont établi des procès-verbaux « Pro Justitia » contre « inconnu ».

En ce qui concerne le dimensionnement du pont flottant, il est conforme aux dispositions et exigences des normes en vigueur de l'Eurocode (et de ses annexes nationales luxembourgeoises).

En effet, il n'y a pas de limite maximale au nombre de personnes qui peuvent utiliser le pont flottant en même temps. Néanmoins, le pont ne devrait être utilisé que pour l'usage auquel il est destiné.

ad 2) Les dégâts occasionnés lors du weekend du 18 et 19 juin 2022 se présentent comme suit :

– endommagements ponctuels des mains courantes situées le long du pont ;

– destruction et arrachement des fixations d'une partie entière du garde-corps, garantissant la sécurité des usagers ;

– vol des bouées de sauvetage, fixées sur le pont.

ad 3) La fin des travaux de réparation des dégâts était initialement prévue pour le 29 juin 2022 inclus, entraînant une réouverture du pont flottant aux usagers le 30 juin 2022.

Cependant, grâce à l'avancement rapide des travaux, le pont a pu être rouvert dès l'après-midi du 27 juin 2022.

**Délai de remboursement** | Question **6389** (22/06/2022) de **M. Max Hengel** | **M. Léon Gloden** (CSV)

Laut Informatioun vum Repondeur vun der CNS ass den Delai de Remboursement minimum sechs Wochen. En Zoustand, dee Säit uganks dësem Joer unhält. Laut Aussoe vum zoustänneg Minister vum Mäerz 2022 ass et engersäits bedéngt duerch eng Hausse vun den Demanden, op der anerer Säit e Personalmanangel duerch Covid-19 a well Personal intern op aner Poste reafektéiert goufe fir Digitalisatioun vum System en place ze setzen. Laut CNS gëtt versicht ze rekrutéieren, mee vill Kandidaten entsprechen net ëmmer de gefrote Qualifikatiounen.

An dësem Kontext géife mir gär folgend Froen un den Här Minister fir sozial Sécherheet stellen:

1. Här Minister, säit sechs Méint sinn d'Delais de remboursement bei minimum sechs Wochen. Wéi steet et de Moment mam Rekrutement vun neiem Personal?

2. Wéini geet de Prozess vun der Digitalisatioun virun?

3. Wéini rechent de Minister mat engem méi kuerzem Delai fir d'Remboursementen?

**Réponse** (24/06/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

D'Fro vun den honorabelen Deputéierte goufe schonn an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N° 6239 vum 23. Mee 2022 an N° 5758 vum 14. Februar 2022 beäntwert.

**Maladies transmises par les tiques** | Question **6395** (22/06/2022) de **Mme Cécile Hemmen** (LSAP)

Selon un article relayé par la plateforme RTL le 14 juin 2022, le nombre de personnes qui ont déjà été en contact avec la maladie de la borréliose est très élevé. L'article renvoie à une étude selon laquelle 20 % de la population en Europe centrale auraient déjà été en contact avec la maladie, également appelée maladie de Lyme et transmise par morsure de tique. Dans la réponse à la question parlementaire n° 6147, Madame la Ministre indique que 23 cas de maladie de Lyme ont été déclarés en 2019 au Luxembourg, 47 en 2020 et 13 en 2021.

Dans ce cadre, je souhaiterais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

– Au vu du faible nombre de maladies de Lyme déclarées en 2019 et en 2021, faut-il s'inquiéter du fait que des personnes aient pu être infectées, mais que la maladie n'aurait pas été détectée en tant que telle ?

– Un bon diagnostic au stade précoce de l'infection augmente les chances de guérison par un traitement adéquat, s'il en est. Pour cela, il serait souhaitable que les médecins aient le réflexe d'inclure systématiquement une analyse suite à une éventuelle piqûre de tique chez leur patient. Est-il prévu de sensibiliser le monde médical concernant cette thématique ?

– La morsure d'une tique peut aussi entraîner une neuroborréliose. Combien de cas de neuroborréliose ont été déclarés depuis 2019 ?

– Afin de diagnostiquer avec certitude une neuroborréliose, des analyses coûteuses, au frais du patient et effectuées à l'étranger, peuvent être nécessaires. Quels types d'analyses sont faits à l'étranger et lesquels sont faits au Luxembourg ? Au vu de l'évolution de la population de tiques, est-il prévu que le Luxembourg se dote de moyens propres pour détecter la neuroborréliose ?

– Dans la réponse à la question parlementaire n° 6147 Madame la Ministre indique que des campagnes d'informations sur les tiques sont prévues régulièrement. Une campagne est-elle prévue pour cet été ?

**Réponse** (07/07/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

Le règlement grand-ducal du 15 février 2019, qui définit les maladies à déclaration obligatoire en application de la loi du 1<sup>er</sup> août 2018, prévoit que seules les formes de maladie de Lyme de type érythème migrant et les formes neurologiques sont à déclarer par le médecin traitant. Ceci est conforme aux recommandations de l'European Centre for Disease Control and Prevention (ECDC) qui se limite d'ailleurs à ne suivre que les formes neurologiques au niveau européen (1).

Comme pour tout système de surveillance se basant sur une déclaration, il n'est jamais garanti que tous les cas soient rapportés et que les déclarations soient exhaustives.

La très large majorité des maladies de Lyme guérissent rapidement et complètement, soit de façon spontanée, soit idéalement après un traitement adéquat.

Contrairement à ce que l'honorable Députée propose, il n'y a aucune indication à faire un test sanguin systématique lors de toute piqûre de tique. Bien au contraire, toutes les recommandations de pratique médicale émises par des sociétés savantes en Europe et aux États-Unis (16 guidelines différentes en provenance de 7 pays) (2), déconseillent de faire des tests



**PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL**

IBRS/CCRI n°1001256



**RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID**

**LUXEMBOURG**

**CHAMBRE DES DÉPUTÉS**

**ENVOI-RÉPONSE 1001256**

**L - 3208 BETTEMBOURG**

de laboratoire systématiques en cas de piqure de tique, et même en cas de forme cutanée initiale (érythème migrant). En effet, la sensibilité des tests est faible à ce moment, et le risque de faux négatif est très élevé, simplement parce que la réponse immunitaire nécessite parfois trois à cinq semaines pour s'établir et que le taux d'anticorps est donc sous la limite de détection lors du test. Le médecin risque donc d'être induit en erreur par un test de laboratoire négatif. À ce stade précoce, le diagnostic de la maladie est essentiellement clinique. En cas de haut risque de maladie de Lyme un traitement antibiotique en dose unique peut être prescrit d'emblée en cas de piqure de tique, respectivement un traitement antibiotique de 7 à 14 jours (en fonction de l'antibiotique choisi) doit être prescrit devant un tableau d'érythème migrant.

Passé le stade initial, le diagnostic de maladie de Lyme se fait par la sérologie selon des algorithmes standardisés au niveau européen (3).

Deux cas de neuroborréliose ont été déclarés en 2020, aucun les autres années. À nouveau, il est fort probable que les déclarations ne soient pas complètes.

Certains cas de neuroborréliose surtout pour les formes tardives sont difficiles à diagnostiquer. Un avis d'un médecin spécialiste en neurologie ou en infectiologie est généralement alors indispensable. Selon les recommandations de la Haute Autorité de santé en France (4), les laboratoires d'analyses

médicales au Luxembourg proposent en cas de suspicion de neuroborréliose de faire la recherche d'une synthèse intrathécale d'anticorps spécifiques de type IgG permettant de différencier un passage passif d'anticorps au travers de la barrière hémato-méningée d'une production locale d'anticorps. Ceci se fait grâce à un calcul d'index, en divisant le rapport des titres d'IgG spécifiques et non spécifiques dans le liquide céphalorachidien par le rapport des titres d'IgG spécifiques et non spécifiques dans le sérum. Si cet index est positif, cela plaide en faveur d'une synthèse intrathécale d'anticorps.

Lorsqu'il existe une forte présomption clinique de neuroborréliose, en l'absence d'anticorps spécifiques dans le LCR, on peut améliorer la sensibilité du diagnostic en réalisant une PCR Borrelia sur le liquide céphalorachidien. Celle-ci a toutefois un rendement modeste de 20-30 % et uniquement dans les formes précoces.

Le Laboratoire national de santé envisage d'implémenter le dosage de la molécule CXCL13 dans le liquide céphalorachidien. Cette molécule est considérée comme marqueur d'une infection à Borrelia active.

De même, ce laboratoire envisage d'évaluer prochainement un test de production cellulaire d'interféron gamma. Il s'agit probablement de ce type de test auquel l'honorable Députée fait référence quand elle parle d'analyses coûteuses, aux frais du patient, faites à l'étranger. Une étude très récente, publiée au mois de juin 2022, (5) conclut cependant que la valeur clinique de ces tests cellulaires n'est pas encore établie

(„cellular tests are unfit for clinical use at this stage“), et il convient donc d'être prudent avant d'engager des sommes importantes pour des tests diagnostiques dont la fiabilité n'est pas avérée.

Le Ministère de la Santé communiquera cet été sur le risque des morsures de tiques et des moyens de prévention, largement par voie des médias sociaux. Une brochure d'information sur les tiques reste également disponible sur [www.sante.public.lu](http://www.sante.public.lu).

Références :

- (1) van de Wijngaarden C.C. et al. Surveillance perspective on Lyme borreliosis across the European Union and the European Economic Area. *Eurosurveillance* 2017 (22) ; 27
- (2) Eldin C. et al. Revue des recommandations européennes et américaines concernant le diagnostic de la maladie de Lyme. *Médecine et maladies infectieuses* 2019 ; 49 : 121-32
- (3) Baarsma M.E. et al. Diagnostic parameters of modified two-tier testing in European patients with early Lyme disease. *European J Clin Microbiol & Inf Diseases* 2020 ; 39 : 2143-52
- (4) Haute Autorité de Santé. Guide du parcours de soins de patients présentant une suspicion de borrellose de Lyme. 3 mars 2022 ([www.has-sante.fr](http://www.has-sante.fr))
- (5) Baarsma M.E. et al. Diagnostic parameters of cellular tests for Lyme borreliosis in Europe (VICTORY study) : a case-control study. *Lancet Infect Dis* 2022 Jun 14 ; S1473-3099(22)00205-5



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfille beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ  
PS/799





CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-06

Nouvelles lois

p. 07-09

Séances publiques

p. 10-70

Questions au Gouvernement

p. 71-99

2021-2022  
N°14

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-06

Nouvelles lois ..... p. 07-09

Séances ..... p. 10-70

41<sup>e</sup> séance du vendredi 11 mars 2022 ..... p. 10-19

42<sup>e</sup> séance du mardi 15 mars 2022 ..... p. 19-42

43<sup>e</sup> séance du mercredi 16 mars 2022 ..... p. 42-54

44<sup>e</sup> séance du jeudi 17 mars 2022 ..... p. 55-70

Questions au Gouvernement ..... p. 71-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

25/11/2022

#### Concept et layout :

brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





## Rapport 2022 de l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher

# « Une enfance mise en suspens »



L'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher, M. Charel Schmit (au milieu), lors de la présentation de son rapport annuel aux députés

« La guerre a succédé à la pandémie. Cela a tout changé pour les enfants et les jeunes », a déclaré M. Charel Schmit, Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher (OKaju), lors de la présentation de son rapport annuel aux députés de toutes les commissions parlementaires le 15 novembre 2022. L'accent, dans son rapport, a été mis sur la situation des personnes en exil, aussi bien de celles ayant fui la guerre en Ukraine que de celles bénéficiant déjà d'un statut de réfugié au Luxembourg en raison d'autres situations de conflit au niveau international.

Les conditions d'hébergement, les soins de santé, l'alimentation ou encore les personnels encadrants

ont été observés par les auteurs du rapport. L'OKaju constate des points positifs et des efforts réalisés par les organisations concernées et l'État, mais également des difficultés, notamment certaines conditions d'hébergement, avec des structures qui lui semblent inadaptées, ou encore le manque d'accès des réfugiés à des soins psychothérapeutiques.

### Une approche « droits de l'enfant by design »

L'OKaju formule un certain nombre de conclusions et de recommandations dans son rapport. Il faudrait ainsi adopter une approche « droits de l'enfant by design », par exemple lorsqu'on décide de créer une

structure d'hébergement, afin de prendre en compte les besoins des plus jeunes en amont dans le processus de réflexion politique.

Pour M. Schmit, il est également nécessaire de revoir la façon dont on considère le rapport entre la situation des réfugiés et le monde du travail. À ce sujet, il a affirmé qu'« on gère l'inactivité des gens plutôt que de les aider à accéder au marché du travail ». Selon lui, il faut sortir de cette logique de l'assistanat afin de rendre les personnes moins dépendantes.

Les députés ont adressé de nombreuses questions à l'OKaju. Ils ont notamment voulu apprendre dans quelle direction devait aller la politique en matière de création de possibilités d'hébergement. Dans ce contexte, M. Schmit a affirmé qu'il fallait opter pour de petits pavillons plutôt que de grandes structures communes.

Les députés ont également souhaité connaître l'appréciation de l'OKaju du projet de loi 8069 relatif à l'intégration et à l'accompagnement scolaires des élèves nouvellement arrivés. M. Schmit les a informés qu'à ce sujet, l'OKaju soumettra un avis à la Chambre. Il a ajouté qu'il est surtout important de considérer les enfants concernés comme des élèves à scolariser en évitant de les considérer exclusivement sous l'angle de leur statut juridique.

## Présentation du programme de travail pour 2023 de la Commission européenne

# 43 nouvelles initiatives stratégiques

La Représentante de la Commission européenne au Luxembourg, Mme Anne Calteux, a présenté le 8 novembre 2022 le programme de travail de la Commission européenne pour l'année 2023 aux députés de toutes les commissions parlementaires. L'année prochaine, la Commission européenne vise à rendre l'Union européenne plus résiliente, à soutenir les particuliers et les entreprises et à renforcer les transitions écologique et numérique.

Le programme de travail contient 43 nouvelles initiatives stratégiques qui couvrent les six grandes ambitions énoncées dans les orientations politiques par la Présidente de la Commission européenne, Mme Ursula von der Leyen. Compte tenu du contexte multicrise actuel, les objectifs de la Commission européenne pour la période 2019-2024 sont :

- un pacte vert pour l'Europe ;
- une économie au service des personnes ;
- une Europe adaptée à l'ère numérique ;
- la protection du mode de vie européen ;
- une Europe plus forte sur la scène internationale ;
- un nouvel élan pour la démocratie européenne.

La Représentante de la Commission européenne au Luxembourg a affirmé lors de son intervention à la Chambre des Députés que la Commission apprécie l'échange avec les Parlements nationaux des États membres de l'Union européenne. Les députés luxem-

bourgeois ont saisi cette opportunité pour attirer l'attention de la Commission sur les défis qui peuvent se présenter pour le Luxembourg dans le cadre des initiatives présentées. Parmi ces problématiques ont été mentionnées entre autres :

- la relation entre les directives européennes relatives à la coordination en matière de sécurité sociale et la situation spécifique du marché du travail luxembourgeois qui accueille un nombre important de frontaliers ;
- la relation entre la protection des données bancaires des clients de la place financière et la transposition des directives européennes antiblanchiment ;
- la nouvelle stratégie européenne qui donne une priorité à la santé mentale et vise à soutenir les États membres à développer davantage leurs systèmes de santé, cette problématique concernant au Luxembourg notamment la pénurie de professionnels ainsi que le remboursement de certaines formes de thérapie ;
- de nouvelles règles pour la reconnaissance de diplômes de ressortissants de pays tiers, y compris de réfugiés.

Le renforcement de la position stratégique de l'Europe au niveau international, la gestion des frontières extérieures de l'Union, les vagues de réfugiés ainsi que les questions relatives à la guerre en Ukraine furent d'autres sujets abordés lors de l'échange.



La Représentante de la Commission européenne au Luxembourg, Mme Anne Calteux, à l'occasion de la présentation du programme de travail de la Commission européenne pour l'année 2023

### L'implication des citoyens au cœur des échanges

L'importance de l'implication des citoyens dans les affaires européennes a été soulignée à plusieurs reprises. Une des initiatives pour placer les idées des citoyens au cœur de la politique européenne est la Conférence pour l'avenir de l'Europe, qui a amené la Chambre des Députés à organiser une vaste campagne de consultation des résidents du Luxembourg. Les idées récoltées lors des événements ont été débattues en séance publique le 1<sup>er</sup> mars 2022 et ont été transmises à Bruxelles.



## Session plénière de la COSAC à Prague

# « Envoyer un signal de solidarité et d'unité »



M. Claude Wiseler lors de son intervention

M. Claude Wiseler, en sa qualité de Vice-Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, a participé à la session plénière de la Conférence des organes spécialisés dans les affaires communautaires (COSAC) qui s'est tenue à Prague du 13 au 15 novembre 2022.

Lors de la session dédiée à l'avenir de l'Union européenne, les députés membres des commissions parlementaires traitant des affaires européennes sont revenus sur les propositions ambitieuses émises par les citoyens européens dans le cadre de la Conférence sur l'avenir de l'Europe et qui visent à réformer l'Union européenne en profondeur. Un des constats est qu'une

révision des traités est notamment nécessaire pour mettre en œuvre certaines de ces recommandations.

Dans ce contexte, le député luxembourgeois a mis en avant que les traités actuels permettaient déjà aux États membres d'avancer dans plusieurs domaines, tels que l'économie, la défense, l'environnement, la santé ou encore les affaires étrangères. Dans son intervention, M. Wiseler a appelé à ne pas retarder ce processus, car « les temps actuels demandent des décisions fortes ». Selon lui, il faudrait débiter avec « l'essentiel, ce dont l'UE a vraiment besoin, sans se perdre dans de longues discussions ». Ceci contribuerait à une meilleure compréhension des décisions politiques par les citoyens.

Dans le cadre de la session dédiée à l'état des lieux de la guerre en Ukraine, la reconstruction du pays et la migration qui en résulte, les élus des Parlements nationaux ont exprimé leur solidarité avec le peuple et l'État ukrainiens. Pour la première fois, des délégations ukrainienne et moldave ont participé à la COSAC en tant que pays candidats à l'UE. Lors de son intervention, M. Wiseler a souligné que la guerre en Ukraine déclenchée par le régime russe n'est qu'un aspect du combat que mène la Russie contre les démocraties occidentales. « La réponse de l'UE doit être ferme en Ukraine, mais également sur les autres terrains où la Russie mène une guerre à multiples facettes », a-t-il encore ajouté. Dans ce contexte, l'élu luxembourgeois a noté que « les réponses de l'UE

doivent être adaptées » en énumérant les points suivants :

- aider l'Ukraine à gagner la guerre et à libérer tous les territoires occupés par la Russie ;
- veiller à ce que tous les criminels de guerre soient traduits devant les tribunaux ;
- mener une guerre contre la désinformation qui émane du régime russe et qui vise à déstabiliser les démocraties occidentales, y compris les interventions dans les processus démocratiques ;
- veiller à abandonner toute dépendance énergétique et économique envers des pays comme la Russie ;
- mettre en place une stratégie pour répondre à l'expansion russe dans d'autres pays comme en Afrique ou encore au Moyen-Orient ;
- aider l'Ukraine à se reconstruire et à se préparer pour son adhésion à l'UE.

Dans les conclusions et contributions de la COSAC, il est fait appel aux Parlements nationaux pour qu'ils reconnaissent le régime russe actuel en tant que régime terroriste.

La COSAC s'est d'ailleurs prononcée pour la création d'un Tribunal pénal international spécial pour garantir la responsabilité du crime d'agression.

Retrouvez les conclusions et les contributions qui sont envoyées aux institutions européennes sur le site de la présidence tchèque :

[www.parleu2022.cz](http://www.parleu2022.cz)

## Troisième édition du Pairing scheme

# Interaction entre le monde scientifique et politique

La troisième édition du Pairing scheme a été lancée le 14 novembre 2022 à la Chambre des Députés. Il s'agit d'une coopération entre des scientifiques du Fonds national de la recherche (FNR) et le Parlement luxembourgeois visant à mettre en contact les députés et les chercheurs et à échanger des données scientifiques pour une meilleure compréhension de sujets complexes.

Lors de son intervention, le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, a souligné que le Pairing scheme permet aux mondes parlementaire et scientifique de se rapprocher et de se pencher sur des sujets concrets.

Pour le Secrétaire général du FNR, M. Marc Schiltz, cette coopération doit servir de plateforme pour échanger des idées et soulever des problématiques. Les domaines où des décisions doivent être prises par les députés deviennent de plus en plus complexes, a-t-il noté, en évoquant notamment la lutte contre le changement climatique ou encore l'intelligence artificielle. « La science peut servir de guide aux députés et leur fournir l'expertise requise dans les processus décisionnels », a souligné le responsable du FNR.

La troisième édition du Pairing scheme se déroule de novembre 2022 à mai 2023. Plusieurs événements auront lieu pendant cette période, notamment une conférence au printemps 2023 qui clôturera l'édition actuelle.

La Cellule scientifique de la Chambre des Députés est chargée d'encadrer le Pairing scheme. Créée en sep-



Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, lors de son allocution de bienvenue

tembre 2021, elle se compose d'experts de différents secteurs tels que le droit européen, le droit constitutionnel et les sciences naturelles. Au printemps 2022,

elle a organisé un premier colloque qui abordait le sujet des relations entre le monde scientifique et politique.



# La célébration du 175<sup>e</sup> anniversaire de la Constitution se prépare

En avril 1848, le parlement chargé d'élaborer une nouvelle constitution s'est réuni pour ses premières séances non pas dans la capitale du pays, mais dans le bâtiment de l'école primaire à Ettelbruck. À l'époque, cette ville se trouvait être de par la loi le siège du parlement et du gouvernement. Les travaux de l'assemblée constituante ont conduit à l'adoption de la Constitution libérale et démocratique du Luxembourg. Ettelbruck fut également un des principaux foyers révolutionnaires du pays en mars et en mai 1848.

Afin de commémorer dignement en 2023 le 175<sup>e</sup> anniversaire de ces événements historiques, la Chambre des Députés et la Ville d'Ettelbruck ont signé le 17 novembre 2022 une convention de collaboration visant à organiser une séance académique, théâtrale et musicale ainsi qu'une fête populaire, le 28 avril 2023 dans le Däichhal à Ettelbruck. Pour la réalisation de ces festivités, la Chambre et la Ville d'Ettelbruck travaillent étroitement avec des associations et des artistes locaux et nationaux.

L'accord a été signé par le Président, M. Fernand Etgen, pour la Chambre des Députés et par le Bourgmestre, M. Jean-Paul Schaaf, et les deux Échevins, MM. Bob Steichen et Pascal Nicolay, pour la Ville d'Ettelbruck.



de gauche à droite : M. Laurent Scheeck, Secrétaire général de la Chambre, M. Pascal Nicolay, Échevin de la Ville d'Ettelbruck, M. Jean-Paul Schaaf, Bourgmestre de la Ville d'Ettelbruck, M. Fernand Etgen, Président de la Chambre, M. Bob Steichen, Échevin de la Ville d'Ettelbruck, M. Benoît Reiter, Secrétaire général adjoint de la Chambre

## Visite de la « Wanteraktioun »



Les députés membres de la Commission de la Famille et de l'Intégration se sont rendu compte de l'étendue des installations de la « Wanteraktioun »

À la veille de l'ouverture officielle de la « Wanteraktioun » de cet hiver, les députés membres de la Commission de la Famille et de l'Intégration, de concert avec la Ministre de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région, Mme Corinne Cahen, ont visité les locaux situés près de l'Aéroport de Findel afin de mieux cerner les enjeux qui sous-tendent cette initiative.

L'édition 2022-2023 de la « Wanteraktioun » a été mise en service le 15 novembre 2022 et se terminera le 14 avril 2023. Les organisateurs comptent ainsi couvrir les mois hivernaux en proposant tant un foyer de jour opérant de 11.30 à 16.00 heures, avec des repas servis à midi, qu'un foyer de nuit auquel les usagers peuvent recourir afin de disposer d'un lit ainsi que d'un repas pendant les nuits d'hiver.

Depuis 2021, la « Wanteraktioun » est gérée par l'ASBL Dräieck avec le concours de Caritas Luxembourg, la Croix-Rouge luxembourgeoise et Inter-actions, sous les auspices du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région. Lors de cette visite, les députés se sont notamment intéressés à la démographie des usagers et aux bénévoles nécessaires au fonctionnement de la « Wanteraktioun », mais aussi aux services proposés.

Dans ce contexte, les responsables ont fait mention de la fourniture de denrées alimentaires, d'activités sociales et de la mise à disposition de douches ainsi que de vêtements, si le besoin en est exprimé.

## La COP27 - « une opportunité d'échange pour les parlementaires »

Les députés luxembourgeois Mme Jessie Thill et M. Paul Galles se sont rendus en Égypte pour participer à la Conférence des Parties à la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques (COP27), qui s'est déroulée du 6 au 19 novembre 2022.

En tant que représentants du Parlement luxembourgeois, Mme Thill et M. Galles ont entre autres pu s'échanger avec les parlementaires d'autres pays, afin de comprendre comment ceux-ci prennent leurs initiatives. Ils ont également pu discuter avec des acteurs de la société civile et des lobbyistes. Le sujet des

droits de l'homme, étroitement lié à la crise climatique, a été thématiqué au cours des échanges.

La COP27 a eu lieu en plein désert égyptien à Charm el-Cheikh - un cadre « plus qu'étrange », ont jugé les deux députés au cours d'un entretien donné pendant la Conférence.

<https://www.chd.lu/fr/node/972>



Les députés luxembourgeois Mme Jessie Thill et M. Paul Galles lors de la COP27



« Zuch vun der Demokratie »

## Les enfants experts - 140 élèves prennent la parole à la Chambre



Les élèves avaient préparé en amont des figures colorées en carton qui résument leurs revendications.

À l'occasion de la Journée internationale des droits de l'enfant, la Chambre des Députés accueille chaque année le Train de la démocratie (« Zuch vun der Demokratie »). Environ 140 élèves de différentes régions du pays ont pu participer à l'édition de cette année qui s'est déroulée le 18 novembre 2022.

Les jeunes participants, âgés entre 8 et 12 ans, se sont déplacés en train ou en bus pour partager leurs idées relatives aux besoins et aux droits de l'enfant avec les parlementaires. Dix ateliers de discussion ont été organisés sous l'égide de la Chambre et chaque atelier a été rejoint par un ou deux députés.

Les élèves ont élaboré des déclarations présentées ensuite en plénière, en présence des députés. À la base de ces déclarations figuraient des sujets leur tenant particulièrement à cœur et qu'ils avaient préparés en amont avec leurs classes. À cette fin, ils ont amené des figurines colorées en carton qui résument leurs revendications.

Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, a félicité les jeunes qui ont fait preuve de réflexion pour leur engagement en faveur des droits de l'enfant et des droits de l'homme en général. « Les enfants sont eux-mêmes les experts des droits de l'enfant », a affirmé M. Etgen face aux participants du Train de la démocratie.



Tous les participants se sont rassemblés dans la salle plénière pour écouter les déclarations des élèves.

## Le Président de la Chambre des Députés a reçu...



... S. E. M. José María Rodríguez Coso, Ambassadeur du Royaume d'Espagne



... S. E. M. Tadahiro Matsubara, Ambassadeur du Japon

## L'Administration parlementaire recrute :

**un assistant administratif (m/f) à durée déterminée pour 6 mois pour les besoins du Service des Relations européennes et internationales et du Protocole, titulaire d'un diplôme de niveau baccalauréat, sous le régime du salarié de droit privé**

En cas d'intérêt, veuillez vous référer au lien suivant :  
<https://www.chd.lu/fr/node/968>





## Comptes, coffres-forts et contrats d'assurance inactifs

**7348 – Projet de loi relative aux comptes inactifs, aux coffres-forts inactifs et aux contrats d'assurance en déshérence et modifiant :**

**1° la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ; et**

**2° la loi modifiée du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances**

Le projet de loi sous rubrique a pour objet d'introduire un cadre légal régissant les comptes et coffres-forts dits « dormants » ou « inactifs » et les contrats d'assurance vie tombés en déshérence.

D'une part, il s'agit de renforcer la protection des épargnants et bénéficiaires de certaines prestations d'assurance, en leur facilitant la recherche de leurs comptes, coffres-forts et contrats d'assurance. D'autre part, il y a lieu de renforcer la sécurité juridique pour les banques et assureurs en précisant leurs obligations professionnelles. Le projet de loi s'inspire des régimes applicables en France et en Belgique.

Le projet de loi est structuré autour de trois volets principaux :

- la prévention, c'est-à-dire les mesures visant à prévenir l'inactivité des comptes et coffres-forts ainsi que la déshérence des contrats d'assurance, respectivement à rétablir le contact ;
- la consignation, qui définit l'obligation de consigner les avoirs après une inactivité ou déshérence prolongée ;
- la restitution, c'est-à-dire les dispositions en vue de la restitution des avoirs consignés.

Un contact régulier entre les établissements et les titulaires des comptes et coffres-forts permet d'éviter l'inactivité et s'inscrit également dans la lutte contre le blanchiment d'argent et le financement du terrorisme.

Afin de protéger les titulaires de comptes ou coffres-forts et les bénéficiaires de contrats d'assurance, les établissements doivent entreprendre des démarches d'information des titulaires et bénéficiaires en cas d'inactivité afin de les informer des conséquences liées à cette inactivité.

À défaut d'un rétablissement de contact, des recherches complémentaires sont prévues afin de retrouver les titulaires et bénéficiaires. Si les démarches d'information et de recherche complémentaire restent infructueuses, les établissements de crédit et les entreprises d'assurance procèdent à la consignation des avoirs y afférents auprès de la Caisse de consignation. À cet égard, le projet de loi introduit des dispositions spéciales, sinon complémentaires à la loi du 29 avril 1999 sur les consignations auprès de l'État. Des délais de conservation différents sont prévus. Un délai de conservation de cinquante ans s'applique aux objets pouvant présenter une valeur sentimentale. La prescription acquisitive se fait à moitié au profit de l'État et à moitié au profit du Fonds souverain intergénérationnel du Luxembourg.

La Commission de surveillance du secteur financier et le Commissariat aux assurances sont chargés de veiller à l'application des dispositions de la loi en projet en ce qui concerne les étapes antérieures à la consignation. La Caisse de consignation est chargée d'appliquer les dispositions relatives à la consignation.

Finalement, le projet de loi prévoit la création d'un registre électronique centralisé afin de faciliter les recherches par les titulaires et bénéficiaires ainsi que, le cas échéant, leurs ayants droit, relatives à des avoirs consignés.

Dépôt par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 06/08/2018

Rapporteur : M. André Bauler

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président : M. André Bauler) :

20/05/2019 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

21/01/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation des amendements gouvernementaux

Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

31/01/2022 Examen des amendements gouvernementaux

Suite de l'examen des avis du Conseil d'État

07/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Travaux de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

(Présidente : Mme Diane Aehm) :

20/05/2019 Présentation du projet de loi

Vote en séance publique : 17/03/2022

Loi du 30 mars 2022

Mémorial A : 2022, n° 149, page 1

## Facilitation dans le domaine de l'aviation civile

**7538 – Projet de loi relative à la facilitation dans le domaine de l'aviation civile**

Le projet de loi vise à définir la facilitation dans le domaine de l'aviation civile et à créer le Comité national de la facilitation auprès de la Direction de l'aviation civile. Un projet de règlement grand-ducal détermine par ailleurs les attributions et la composition du Comité national de la facilitation<sup>1</sup>. L'établissement du Programme national de la facilitation, qui faisait initialement partie du projet de loi, fut par contre retiré suite à la remarque du Conseil d'État qu'une telle disposition légale n'était pas nécessaire pour l'élaboration du plan.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 25/03/2020

Rapporteuse : Mme Chantal Gary

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

(Présidente : Mme Chantal Gary) :

18/03/2021 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

03/02/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

03/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 15/03/2022

Loi du 1<sup>er</sup> avril 2022

Mémorial A : 2022, n° 181, page 1

<sup>1</sup> Projet de règlement grand-ducal déterminant les attributions et la composition du Comité national de la facilitation

## Code du travail : modifications concernant le télétravail

**7862 – Projet de loi portant modification des articles L. 414-3 et L. 414-9 du Code du travail**

Le but du présent projet de loi est d'accompagner l'accord des partenaires sociaux sur la « Convention relative au régime juridique du télétravail » du 20 octobre 2020 par des modifications législatives ponctuelles destinées à en assurer une meilleure application par le biais de l'implication des délégations.

Le projet de loi prévoit en particulier que le chef d'entreprise est obligé d'informer et de consulter la délégation du personnel sur l'introduction ou la modification d'un régime spécifique de télétravail au niveau de l'entreprise. Cette obligation s'applique aux entreprises de moins de 150 salariés. Pour les entreprises de 150 salariés et plus, l'introduction ou la modification d'une telle réglementation doit faire l'objet d'un commun accord entre l'employeur et la délégation du personnel.

Dépôt par M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 23/07/2021

Rapporteur : M. Dan Kersch

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

(Président : M. Dan Kersch) :

03/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

10/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Travaux de la Sous-Commission « Télétravail » de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

(Président : M. Dan Kersch) :

10/03/2022 Examen et approbation d'un projet de rapport





Vote en séance publique : 16/03/2022

Loi du 1<sup>er</sup> avril 2022

Mémorial A : 2022, n° 172, page 1

## Projet « NeiSchmelz » : financement de la revalorisation du site

### 7926 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement de l'assainissement et de la revalorisation du site du projet « NeiSchmelz »

Le projet « NeiSchmelz » est un projet d'envergure dans le domaine du logement. Réalisé sur le territoire de la commune de Dudelange, ce projet crée à terme 1.575 nouveaux logements, permettant d'accueillir environ 3.620 personnes. Le Fonds du logement, promoteur public, assure le rôle de maître d'ouvrage de ce projet qui sera réalisé sur une durée d'au moins une quinzaine d'années et ceci dans plusieurs phases.

Le projet de loi sous rubrique autorise l'État à couvrir les frais relatifs à l'assainissement des sols, à la revalorisation du site du projet « NeiSchmelz », au réaménagement du cours d'eau « Diddelénger Baach » et à la réalisation des infrastructures particulières spécifiques au site « NeiSchmelz ». La participation étatique estimée s'élève, pour ce projet de loi, à un total de 235 millions d'euros.

Dépôt par M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 07/12/2021

Rapporteuse : Mme Semiray Ahmedova

Travaux de la Commission du Logement

(Présidente : Mme Semiray Ahmedova) :

02/12/2021 Présentation de l'avant-projet de loi

10/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 17/03/2022

Loi du 1<sup>er</sup> avril 2022

Mémorial A : 2022, n° 174, page 1

## Projet « NeiSchmelz » : financement du développement de logements

### 7927 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du développement de logements du projet « NeiSchmelz »

Le projet « NeiSchmelz » est un projet d'envergure dans le domaine du logement. Réalisé sur le territoire de la commune de Dudelange, ce projet crée à terme 1.575 nouveaux logements, permettant d'accueillir environ 3.620 personnes. Le Fonds du logement, promoteur public, assure le rôle de maître d'ouvrage de ce projet qui sera réalisé sur une durée d'au moins une quinzaine d'années et ceci dans plusieurs phases.

Le projet de loi de financement autorise l'État à participer au financement des travaux nécessaires à la construction de logements dans le cadre du projet « NeiSchmelz ». L'enveloppe totale du projet de loi est de 272,5 millions d'euros.

Dépôt par M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 07/12/2021

Rapporteuse : Mme Semiray Ahmedova

Travaux de la Commission du Logement

(Présidente : Mme Semiray Ahmedova) :

02/12/2021 Présentation de l'avant-projet de loi

10/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 17/03/2022

Loi du 1<sup>er</sup> avril 2022

Mémorial A : 2022, n° 175, page 1

## Code du travail : modifications concernant les chômeurs indemnisés

### 7931 – Projet de loi portant dérogation temporaire à l'article L. 523-1 du Code du travail

Le présent projet de loi permet au chômeur indemnisé d'être affecté à des tâches déclarées d'utilité publique par le règlement grand-ducal du 12 mai 2011 portant application des dispositions relatives aux occupations temporaires indemnisées prévues à l'article L. 523-1 du Code du travail, sans que la période d'affectation à une tâche dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ne soit prise en compte pour le calcul de la durée maximale de l'occupation temporaire indemnisée des chômeurs indemnisés âgés de moins de 50 ans, qui est actuellement fixée à six mois, renouvellements compris. Il revient à l'Agence pour le développement de l'emploi (ADEM) de qualifier une tâche comme tâche à pourvoir dans le cadre de la lutte contre le Covid-19.

Pour lutter efficacement contre la pandémie Covid-19, de nombreux chômeurs indemnisés ont été et sont effectivement affectés, moyennant une occupation temporaire indemnisée (OTI), à des travaux qui consistent notamment à distribuer des tests antigéniques rapides gratuits au public, à effectuer le CovidCheck sur les lieux de travail où ils sont affectés, à effectuer des missions de support dans le cadre du traçage des contacts ou de la Helpline Santé, etc. L'objectif de l'OTI est de permettre au demandeur d'emploi indemnisé de gagner en expérience de travail. Les tâches mentionnées ci-devant seront exclues du calcul de la durée maximale d'occupation temporaire indemnisée, si bien que les six mois peuvent être entièrement consacrés à une autre occupation.

Vu que certains chômeurs indemnisés ont été affectés à des tâches dans le cadre de l'instauration du CovidCheck dès le mois d'octobre 2021, l'article 2 du présent projet de loi prévoit une application rétroactive à partir du 1<sup>er</sup> octobre 2021 afin d'assurer une égalité de traitement entre les chômeurs indemnisés qui seront affectés à ce type de tâches dans le futur et les chômeurs indemnisés déjà affectés. Il est proposé que la présente loi reste applicable jusqu'au 30 juin 2022 inclus.

Dépôt par M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 14/12/2021

Rapporteur : M. Dan Kersch

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

(Président : M. Dan Kersch) :

03/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

10/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Travaux de la Sous-Commission « Télétravail » de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

(Président : M. Dan Kersch) :

10/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 16/03/2022

Loi du 1<sup>er</sup> avril 2022

Mémorial A : 2022, n° 173, page 1

## Nouvelle loi Covid-19

### 7971 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Le présent projet de loi propose d'apporter les adaptations suivantes à la version actuelle de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19, dite « loi Covid » :

1) Suppression du régime CovidCheck dans les secteurs liés aux loisirs et au commerce

– La principale modification consiste en la suppression du régime CovidCheck ou régime du 3G dans de très nombreux domaines. Ceci vaut pour les rassemblements, les manifestations ou événements, de même que pour les activités sportives, culturelles ainsi que pour les activités péri- et parascolaires.

– Le régime du 3G est également supprimé pour les établissements de restauration et d'hébergement, les établissements de débit de boissons, les cantines scolaires



et d'entreprise. Cela signifie que l'accueil de public ou de clients dans ces endroits n'est plus réservé uniquement aux personnes pouvant se prévaloir d'un certificat de vaccination, d'un certificat de rétablissement ou d'un certificat de test négatif en cours de validité.

– Il a également été décidé de ne plus prévoir des mesures et restrictions spécifiques pour le secteur des personnes en situation de handicap.

– Les obligations auxquelles étaient soumis les centres commerciaux sont également supprimées.

– En lieu et place des obligations légales qui découlaient jusqu'ici du régime Covid-Check, il est prévu de procéder par des recommandations générales de mesures barrières et d'hygiène, notamment la recommandation de porter un masque en cas de grande affluence de personnes, de respecter les distances et de pratiquer une hygiène de mains.

#### 2) Suppression du régime du 3G au travail

Le monde du travail est également concerné par cette suppression du régime Covid-Check. L'employeur ou le chef d'administration n'a plus à exiger des certificats en cours de validité dits « 3G » de la part de ses salariés ou agents publics. Une exception concerne toutefois les établissements hospitaliers, les structures d'hébergement pour personnes âgées et autres structures de ce type, telles que spécifiées à l'article 3 de la loi Covid.

#### 3) Maintien d'un régime du 3G dans les hôpitaux, structures d'hébergement pour personnes âgées, etc.

Pour le personnel, les prestataires externes et les visiteurs des hôpitaux ainsi que des structures d'hébergement pour personnes âgées et autres structures telles que spécifiées à l'article 3 de la loi Covid, le régime du 3G est maintenu. La possibilité, respectivement l'obligation, de présenter un test autodiagnostique servant au dépistage du virus SARS-CoV-2 pour entrer dans une de ces structures est supprimée. Afin de ne pas priver des patients de soins, l'option de réaliser un tel autotest est toutefois maintenue pour les patients des établissements hospitaliers ainsi que leurs accompagnateurs éventuels.

#### 4) Suppression des restrictions liées aux rassemblements

Les différentes mesures en place, qui s'appliquent en fonction du nombre de personnes participant à un rassemblement, sont supprimées. Cela vaut, entre autres, pour l'obligation de port du masque, l'obligation de notifier les rassemblements ou encore la nécessité d'obtenir une autorisation de la Direction de la santé au-delà d'un certain seuil de participants. Les activités de restauration accessoire (par exemple de type « buvette ») sont à nouveau permises sans restriction.

#### 5) Le port du masque

L'obligation de port du masque est maintenue dans les transports en commun ainsi que dans les établissements hospitaliers, dans les structures pour personnes âgées et autres structures visées à l'article 3, paragraphe 1<sup>er</sup>, alinéa 1<sup>er</sup>, et paragraphe 2, alinéas 1<sup>er</sup> et 2, de la loi Covid. Le patient hospitalisé en est exempté. Cette obligation est également maintenue dans les centres pénitentiaires et dans le Centre de rétention.

Ailleurs, le port du masque obligatoire est supprimé. Toutefois, le port volontaire du masque reste autorisé.

#### 6) Maintien des dispositions en matière d'isolement

Les mesures concernant l'isolement de personnes infectées par le virus SARS-CoV-2 restent inchangées. À savoir que la période d'isolement est de dix jours, mais qu'elle peut prendre fin plus tôt à condition que la personne concernée réalise, à 24 heures d'intervalle, deux tests antigéniques rapides SARS-CoV-2 dont les résultats sont négatifs.

Ces mesures resteront applicables jusqu'au 30 juin 2022 inclus.

La loi future entrera en vigueur le jour de sa publication au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg.

Dépôt par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 08/03/2022

Rapporteur : M. Mars Di Bartolomeo

Travaux de la Commission de la Santé et des Sports

(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :

08/03/2022 Présentation du projet de loi

09/03/2022 Présentation du projet de loi

Désignation d'un rapporteur

Echange de vues avec des experts

10/03/2022 Présentation d'un amendement gouvernemental

Examen de l'avis du Conseil d'État

11/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 11/03/2022

Loi du 11 mars 2022

Mémorial A : 2022, n° 105, page 1



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 10

M. Fernand Etgen, Président

### 2. 7971 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ..... p. 10

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo (interventions de M. Claude Wiseler)

Discussion générale : M. Claude Wiseler | M. Gilles Baum | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Jeff Engelen | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouve : Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre.

(La séance publique est ouverte à 13.31 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

## 2. 7971 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Op eiem Ordre du jour vun de Mëtte steet de Projet de loi 7971, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Aféierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, den Här Gilles Baum, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Marc Goergen.

An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President, Dir Damm an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegeen, viru genee engem Mount, den 11. Februar, hu mer e Gesetz verabschit, dat eng Rei vun Öffnung bruecht huet. Dës Erleichterungen waren awer nach relativ bescheiden, wann ee se mat deene vergläicht, déi haut mat dësem Gesetz wäerte kommen. Et ass dee gréisste Schratt a Richtung Normalitéit säit der Aféierung vum CovidCheck-Regimm am Juli d'lescht Joer, jo warscheinlech souguer säit dem Ufank vun der Kris.

Déi Öffnungen kommen zum richtigen Zäitpunkt, och fir eis e bësse Loft ze ginn, vu dass eng aner Kris eis alleguer ellen zousetzt, déi Kris, déi ech net mam Numm brauch ze nennen, fir déi ee verantwortlech ass, deem säin Numm ech hei och net nennen. Dat setzt deene Leit, déi betraff sinn, am schlëmmsten zou, mee mir all leide mat hinnen.

Dass mer elo ganz sensibel weider kënnen opmaachen, ass virun allem der weesentlech besserer Situation an de Spideeler ze verdanken. Sou ass den 23. Februar vusäit vum der nationaler Krisenzell annoncéiert ginn, dass d'Spideeler vun der drëtter op déi zweet Stuf vun hirem Stufeplang zrëckgeholl ginn: also och do weesentlech manner Drock. Drock bleift awer!

Gëschter waren nach véier Covidpatienten op der Intensivstation. Dat ass nees eng Kéier de Beweis, dass d'Impfung wierkt. Mëttlerweile si bal 83 % vun der Populatioun, déi méi al wéi 18 Joer sinn, geimpft; bei der vulnerabelen Populatioun vun iwwer 60 Joer sinn et esouguer 91,4 %. Mee dee Réckgang op der Intensivstation huet natierlech och domadder ze dinn, dass d'Omikron-Variant, déi d'Delta-Variant mëttlerweile verdrängt huet, vill manner schlëmm Komplikatoune mat sech bréngt ewéi hire Virgänger.

Dofir ass déi Variant vum Virus weesentlech méi ustiechend, wat mat sech bruecht huet, dass mir vun Enn Dezember bis am Januar ganz héich Infektiounstauxen haten. Se sinn och haut nach zimmlech héich, mee, wéi gesot, huet dat awer elo vill manner Konsequenzen op de Spidolsecteur, wou d'Lag amgaangen ass, sech erëm ze normaliséieren.

Mee dat heescht awer net, dass d'Situatioun fir d'Spideeler während dëser Omikron-Well einfach gewiescht wär oder och elo einfach wär. Et gëtt an der Lescht nämlech vill Patienten, déi aus aneren Ursachen an d'Spidol komm sinn an do derniewent infizéiert waren, ouni et ze wëssen; déi hu missen isoléiert ginn. Dat war eng zousätzlech Charge fir d'Personal, wat selwer schonns mat covidbedengten Ausfall ze kämpfen hat. Dofir vun eis nach emol e ganz grouse Merci un dat ganz Personal fir säin Engagement, ouni dat mir haut net esou gutt géifen do stoen an haut och sécher net kéinten déi heiten Decisiounen huelen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Dobäi kënn, dass mer elo och iwwer sougenannt antiviral Medikamenter verfügen, déi virun allem bei vulnerabele Persounen kënnen agesat ginn.

D'Situatioun ass deemno haut besser wéi virun engem Mount a souguer vill besser wéi nach virun zwee Méint, wéi mer nach net genau woussten, wat mam Omikron op eis géif zoukommen. Et weist sech och, dass et gutt war, bei der Impfpflicht net aus der Héft ze schéissen, mee sech awer prettzeemaachen, fir falls eng weider Attack vum Virus géif kommen. Doru gëtt geschafft, gradwéi et wichteg ass, dass mer mat der Impfcampagne weiderfueren.

Wuel gesäit et elo no enger Verbesserung fir déi nächst Méint aus. Mee d'Modelliséierung fir den nächste Wanter, déi eis vun Experte vun der Uni Lëtzebuerg a vun der Santé e Mëttwoch an der Santékommission virgestallt gi sinn, soe ganz kloer, dass eng nei Well am nächste Wanter net kann ausgeschloss ginn. A wat och berücksichtegt muss ginn, ass, dass d'Dauer vun der Effikassitéit vun der Impfung, Booster abegraff, no enger gewëssener Zäit nolléist. No fënnf Méint huet eng Persoun, déi geboostert ass, nëmmen nach 70 %

Schutz géint eng Hospitalisatioun mat lichte Verlaf, ass eis an der Kommission gesot ginn. Deemno muss mer eis drop virbereeden, dass am Hierscht e weidere Rappel kéint néideg sinn. Dat hânt awer virun allem dovunner of, wéi de Virus sech bis dohinne wäert entwéckelen.

Elo dann zu deenen neie Mesuren, oder besser zu deene Schrëtt a Richtung Fräiheeten, un déi mer virun der Kris gewinnt waren. Haut weist d'Entwécklung virun allem an de Spideeler an déi richteg Richtung. D'Belaaschtung vun eiem Gesondheetssystem ass jo zu eiem Haaptkrittär am Pilotage vun der Viruskris ginn, zesumme mam Taux de vaccination. An deemno gëtt et och ëmmer méi kloer, dass déi aktuell Mesuren, déi nach a Kraaft sinn, proportional net méi ze justifizéieren si par rapport zu der aktueller sanitärer Situation. Dofir proposéiert dësen Text eng ganz Rei vu grouse Lackerungen.

Dee gréisste Schratt gëtt mat der Suppressioun vum obligatoreschen CovidCheck-Regimm op enger ganzer Rei vu Plaze gemaach. Soubal dëst neit Gesetz a Kraaft trëtt, fält de CovidCheck-Regimm an alle Beräicher, déi mat Loisir ze dinn hunn. Dat gëllt fir d'Restaurants, d'Bistroen, d'Hotellen awer och bei Evenementer wéi Concerten, Sportkompetitiounen, Trainingen oder Prouwen, Concerte vu Museken, Theatervirstellungen, kulturelle Virstellungen allgemeng.

Fir dass mir do net an e Vakuum falen, wäert d'Santé generell Recommendatiounen erausginn. An et ass natierlech ze ënnersträichen, dass et eenzelnen Organisateuren oder Bedreiwer vun engem Etablissement nach ëmmer méiglech ass – oder net nëmme méiglech ass, mee et soll dofir gesuergt ginn –, fir beschtméiglech sanitär Mesuren ze suergen. Déi elementar Reegelen si selbsterständlech anzehalen, mee si sinn, wéi gesot, net méi obligatoresch.

Och den obligatoreschen CovidCheck op der Aarbecht fält ewech, wat och heescht, dass d'Lëschten, déi op der Aarbecht erstallt gi sinn, fir d'Kontrolle vum Impfstatus ze vereinfachen oder de Leit d'Liewen ze vereinfachen, elo muss geläscht ginn. Dat steet elo net explizit am Gesetzestext, mee ergëtt sech awer aus der europäescher Gesetzgebung iwwert den Datenschutz.

Dann zu den Ausnamen, wou den 3G-System bestoe bleift: Den 3G-Regimm gëtt do bäibehalen, wou sech vulnerabel Persounen befannen. Dat ass a Spideeler an a Strukture fir eeler Leit. Dat gëllt fir d'Personal wéi fir d'Visiteuren an déi extern Prestataire. Den Autotest op der Plaz gëllt do net méi fir eranzekommen. Dee bleift just nach an enger Ausnam bestoen: Dat ass fir Leit, déi selwer mussen hospitaliséiert ginn a keen 3G-Zertifikat kënnen virweisen, Urgencen ausgeschloss. Fir Leit, déi déi Persounen begleeden, gëllt dat och, wéi zum Beispill am Fall vun enger Mamm oder engem Papp, deen net geimpft oder geheelt ass, kee gëllegen Testzertifikat virweise kann, deen awer mat sengem Kand an d'Kannerklinik misst goen.

Och d'Restriktiounen an d'Obligatiounen an de Grandesurfacé sinn ofgeschaaft.

D'Reegelen a puncto Isolement bleiwen hirersäits esou wéi bis elo. Dat heescht, dass d'Isolementsduer am Prinzip zéng Deeg laang ass, mee dass se ka verkierzt ginn, wann déi betraffe Persoun während zwee Deeg hannerenee jee ee Schnelltest mécht, wou d'Resultat allkéiers negativ ass.

An zum Schluss, wat vill Schüler, Léierpersonal, Betreier a Kanner a Persounen an de Maisons relais an an der Schoule wäert freeën: D'Maskepflicht gëtt op deene Plazen ofgeschaaft, wéi op villen anere Plazen. Déi eenzeg Beräicher, wou se nach a Kraaft bleift, ass engersäits an de Spideeler, Altersheimer an esou



weider, well sech jo do vill vulnerabel Persounen ophalen, an anerersäits am öffentliche Transport, well et jo do net immer möglich ass, Distanzen ze halen.

Ech well awer just ee Wuert soen, eppes, wat mech e bösse staark interpelliert huet: Beim Transport ass et esou, dass fir d'Passagier d'Maskepflicht bleibt, awer fir de Chauffeur net, wann déi zwee Meter Distanz agehale ginn an d'Protektion agehale gëtt. Elo ass awer eng Circulaire vum Transportministère erauskomm, déi gesot huet: „D'viischt Diere ginn erëm op, déi Protektionen falen ewech.“ Konklusion: Da muss och de Chauffeur während dem ganzen Dag déi Mask droen. Dat ass net dat, wat d'Gesetz virgesäit! Et kann een d'Gesetz natierlech och esou interpretéieren. Mee bon. Also ech mengen, dass dat awer ...

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Da muss d'Regierung sech awer elo organiséieren.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**, rapporteur | Wat gelift?

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Da muss d'Regierung sech awer organiséieren.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**, rapporteur | Ben, ech soe just, wat d'Gesetz seet. An ech mengen, dat soll een och esou maachen, wéi dat bis elo war, well d'Disposition huet net geännert! D'Disposition huet net geännert. Ech wollt awer déi Explikation ginn. Vu dass d'Gesetz nach net a Kraaft ass, kann een dat dote jo ganz séier änneren.

D'Restriktionen bleiwen och an de Stofanstalten bestoen.

An dann, vläicht ganz kuerz, iwwer eis Aarbechten an der Kommission. Si sinn, wéi gewinnt, schnell awer grëndlech a konstruktiv verlaaf. Och dësen Text verléisst d'Chamber net esou, wéi en erakomm ass. Fir länger Diskussiounen hunn d'Maske gesuergt. De Staatsrot huet nämlech a sengem Avis drop opmierksam gemaach, dass e Risiko géif bestoen, dass d'Obligation, fir an eenzelne Beräicher nach eng Mask mussen ze droen, mam Code pénal kéint kollidéieren. Mir hunn déi Präzisioun vum Staatsrot iwwerholl an dee Problem geléist.

Wat de fräiwëllege Port du masque ugeet, verweisen ech op d'Recommandationen vum der Santé, un déi ee sech weider hale soll. Dir fannt dës Recommendationen am schrëftleche Rapport.

Dann huet d'Kommission aus praktesche Grënn och decidéiert, d'Definition vum CovidCheck-Regimm am Gesetz ze loosnen, och wann de Staatsrot proposéiert hat, dës Definition ze sträichen. Dat gëtt de Strukturen, déi ënnert dem 3G-Regimm fonctionéieren, och weiderhin d'Möglichkeit, mat Lëschten ze schaffen.

Dann nach e puer Wuert zur Prozedur. Den Text ass en Dëschdeg, den 8. März deponéiert ginn. Mir hunn en dee selwechten Dag eng éischte Kéier an der Kommission explizéiert kritt. Den 10. März huet d'Regierung en Amendement nogereecht, dee selwechten Dag ass den Avis vum Conseil d'État komm an haut de Moien ass de schrëftleche Rapport bei enger Enthalung ugeholl ginn. Dir fannt an dësem Rapport och e Resümee vum den Avis vum Collège médical, vum der Chambre des Métiers a vun der konsultativer Mënschrechtskommission.

De Projet dierft, wann en haut nach verëffentlecht gëtt – wat ech géif unhuelen –, haut nach a Kraaft treden. D'Lafdauer ass bis den 30. Juni 2022.

Zum Schluss nach e lescht Wuert: Duerch all déi Messuren, déi aus dem Covidgesetz gestrach gi sinn, ass den Text esou kuerz gi wéi nach ni virdrun. Natierlech kann ee sech elo iwwert dës Erliichterunge freeën. Et soll ee sech och doriwwer freeën. Mee et ass net, well

Restriktionen opgehuewe ginn, dass de Virus elo net méi do wier! Dee kann ee leider net duerch e Gesetz ofschafen. Wann dat möglich wär, géife mer et direkt maachen.

Dass eis dës Woch déi traureg Noriicht vum dausendste Covidoudegen erreecht huet, soll eis dozou encouragéieren, och weiderhi virsiichteg ze sinn, well immer wa mer gemengt hunn, dass mir géint dee Virus gewonnen hätten, huet hien erëm zougeschloen. Dofir: Mir sollen déi zréckgewonne Fräiheete genéissen, awer weider op eis selwer an op déi aner oppassen. Well wann d'Restriktionen falen, dann heescht dat och, dass d'Responsabilitéit erëm bei jidder Eenzen zréckgeet. Dofir hei mäin Appell, sech un d'Recommandationen vum der Santé ze halen!

Mir bleibt just nach all deene Merci ze soen, déi elo iwwer zwee Joer fir eis Gesondheet gesuergt hunn: eise klengen Ekippen, déi mat esou ville Gesetzter an esou kuerzer Zäit op déi jeeweileg Situatiounen reagiert hunn, de Kollegen aus der Kommission, den Experten, déi eis begleet hunn, an eise kompetente Mitarbeiter a Mitarbeiterinnen aus der Chamber an de Fraktiounen.

Dat gesot, Här President, soen ech Iech Merci. An ech si frou iwwert déi Punktlandung.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**, rapporteur | Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools. Ech soen dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo Merci fir säi Rapport.

An och ech si frou iwwert déi Punktlandung a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorablen Här Claude Wiseler.

### Discussion générale

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Villmools merci, Här President. Ech schlësse mech dem Rapporteur senge Mercien un. An ech hunn och e Merci fir hien, fir dat hei dann trotzdem esou kuerzfristeg duerchkritt ze hunn, well mir hu wierklech schnell geschafft, well et wichteg war, dat hei elo och hinzeckreien.

Ech mengen, dat hei ass fir déi meescht vun eis dat einfachst Covidgesetz. Déi epidemiologesch Situatioun mécht et möglich, méi opzelockeren. Dat internationalt Ëmfeld huet u sech déi selwecht Konklusioun geholl an och international an eisen Nopeschlänner ginn déi selwecht Weeër gaangen, dat zwar net, well d'Infektionszuelen esou déif wäeren, mee haaptsächlech, éischters, well déi dominant Variant vum Omikron net violent ass an d'Ziel vum den Hospitalisationen an de Patienten op den Intensivstationen konstant op engem déiwen Niveau ass, an zweetens, well duerch d'Impfungen an awer och deelweis duerch d'Duerchseuchung vum der Populatioun, vum eiser Gesellschaft de Schutz erhéicht ass an dann och, well bei deene Leit, déi geimpft sinn oder déi schonn eng Kéier krank waren an nach eng Kéier krank ginn, de Krankheitsfall normalerweis an der allgeréisster Majoritéit vun de Fäll net esou schlëmm ass. An drëtzens, well mer aus dem Wanter erauskommen an d'Infektionsevolution am Summer erfahrungsgeméis och manner héich ass wéi an de Winterméint.

D'Regierung seet an hirem Exposé des motifs, dass säit Februar eng Decroissance vum den Infektionen ze observéiere wier. Dat maach och richtig sinn, wann een einfach déi observéiert Zuelen esou, wéi se all Dag registréiert ginn, kuckt. Ech well just drun erënneren, dass mer beim Vott vum leschte Gesetz eng Diskussioun hatten, wou eis Meinung war, dass déi Statistike vum dem leschte Gesetz un am Fong net méi vergläichbar wäere mat deene Statistiken, déi mer

virdrun hatten. Well vun deem Moment un, wou keen Traçage gemaach gëtt, wou och keng Quarantän ausgesprach ass, wou also keng Noutwendegkeet méi do ass, wann een infizéiert ass, sech ze mellen, an dee Moment och keng Möglichkeit fir d'Autoritéiten, all Fall gewuer ze ginn, a wou et och esou ass, dass déi asymptomesch Fäll am Fong guer net méi detektéiert ginn, well mer keen Traçage méi maachen, sinn d'Zuele vu virdrun, vun deem leschte Gesetz, a vun duerno net méi vergläichbar.

An de Beweis ass och, dass déi allerhéchsten Inzidenz bei den 0- bis 14-Järegé läit, haaptsächlech, well se sécherlech muer geimpft sinn, mee awer och, well bei hinnen nach déi allermeeschten Tester duerchgefouert ginn – dräimol d'Woch – an dee Moment och automatesch méi Positiver gemellt ginn.

Dofir – dass ass awer just eng statistesch, technesch Remark – sinn esou Kurven, wéi se am Exposé des motifs respektiv iwwerall ze gesi sinn, wou en fin de compte nahtlos déi Statistiken, déi mer virum leschte Gesetz zesummegeesat hunn, mat deene Statistiken, déi mer nom leschte Gesetz gemaach hunn, verglach ginn, am Fong net méi sënnavoll. Ech menge souguer, dass se wëssenschaftlech inkorrekt sinn, well se op anere Basé geholl ginn, vun engem gewëssenen Datum un. An dofir sinn déi Situatiounen net vergläichbar mateneen.

Dat gesot, influencéiert dat awer net eis Decisioun, mee mécht d'Lektür vun dem Geschéien hei zu Lëtzebuerg méi komplizéiert.

Déi Decisioun, méi opzemaachen, déi deele mer ganz kloer – dat hunn ech am Ufank scho gesot –, mee se huet awer och e puer Problemer an e puer Konsequenzen, déi ech gär géif opzielen an hei kloer soen.

Dat Éischt, dat ass, dass d'Covidkris nach net eriwuer ass. Déi Öffnungen, déi ginn awer d'Impressioun, dass alles elo erëm bei dat Aalt zréckgeet an dass et elo eriwuer ass mat der Covidkris. An dat ass am Fong eng extreem geféierlech Impressioun, déi dobaussen ass.

Den Här Lauterbach huet, gëschter oder haut, gesot: „Die Lage ist objektiv viel schlechter als die Stimmung“, wat am Fong e ganz einfache Saz ass, fir et auszedrecken. D'Leit hunn d'Gefill, wéi wann déi ganz Geschicht eriwuer wär. An déi ganz Geschicht ass awer nach net eriwuer.

Ech hat leschte Samschdeg eng lëschteng an och net lëschteng Erfahrung. Ech sinn an de Restaurant gaangen, wou ech dann aus Reflex mäi CovidCheck erausgeholl hunn, du sot de Jong, deen do den Accueil gemaach huet: „Dat braucht Der net. Dat ass eriwuer.“

*(Brouhaha)*

Ech hunn du gesot: „Neen, dat ass nach net eriwuer. Verstitt Der, mir müssen nach e Gesetz stëmmen“, an esou weider an esou virun. En huet mer et awer bal net gegleeft. An ech hunn en du forcéiert, mäi CovidCheck ofzuehuelen. Enfin, visiblement war et: Wann den Här Bettel bis eppes gesot huet, dann ass dat esou.

Mee gutt. Bon, dat war elo méi spaasseg, mee en fin de compte ass dat awer de Reflex, deen dobaussen ass. An dee Reflex ass am Fong geféierlech.

A wann een och d'Zuele vun haut kuckt, da gesäit een, dass jo nach, éischters, d'Infektionen héich sinn an, zweetens, och déi Zuele vu Leit, déi am Fong nach ëmmer um Covid stierwen – gëschter waren et der véier, mir sinn iwwer 1.000 gaangen –, am Allgemengen och nach relativ héich sinn. Dat, wat elo méi déif ass a wat erlaabt opzemaachen, sinn d'Zuelen an de Spideeler an déi schwéier Krankheitsfäll.

Dat bedeit awer fir d'Regierung eng grouss Erausforderung. Et gëllt am Fong fir d'Regierung, eppes ze maachen, wat ganz schwéier ass, eppes ze erklären



dobaussen, wat d'Leit net méi spieren op där enger Sait an et am Fong ..., wou d'Regierung och de Contraire mécht, well d'Regierung mécht op. A wéi soll se dann nach erkläre, dass et awer nach kompliziert dobaussen ass? E ganz schwierige pedagogische Exercice, deen awer absolut noutwendeg ass.

Bon, d'Regierung hält elo eng Rei Virsichtsmoossnamen, mécht och eng Rei Recommandatiounen. Dat, wat ech absolut richtig fannen, dat ass ze soen: Mir loosse nach an der Praxis eng ganz Rei Instrumentarien en place, och wa se an dësem Moment net gebraucht ginn, fir wa mer se erëm eng Kéier géife brauchen, dass se dann en place sinn, an net erëm dee ganze System vu vir mussen ufänken. Zum Beispill déi QR-Coden an déi Covidzertifikater, och wann ee se an dësem Moment hei zu Lëtzebuerg net méi brauch, sou brauch ee se op där enger Sait nach fir d'Ausland – deemno a wéi enge Länner gi se nach ëmmer gebraucht, op där enger Sait –, an op där anerer Sait kéinte se sech jo erëm eng Kéier, wann d'Situatioun sech géif zouzéien, als Noutwendegkeet erweisen.

Ech sinn dann och frou gewiescht, dass mer d'Kommunikatiounen an der Kommissioun kritt hu vun all deene Recommandatiounen, déi erausginn beim Ofschaf vum Gesetz, well et ass wichteg, dass déi Recommandatiounen nach publizéiert ginn a se och ënnert d'Leit bruecht ginn, well et ass natierlech ëmmer besser, et hält een zousätzlech Virsichtsmoossnamen, och wa se net am Gesetz festgeschriwwen sinn.

An ech wëll awer dozou soen, dass eng Recommandatioun, déi mer elo feelt, déi ech awer och nach géif wichteg fannen, déi ass ..., dass eng national Recommandatioun géif kommen notament vun de Visitten an de Spideeler, well do sinn déi eenzel Spideeler, déi, wat d'Zuele vun de Visitten ugeet, hir Reegelen ... Alles verständlech Reegelen!, mee en fin de compte wär et gutt, wa mer eis do géifen eens ginn, wéi dat soll gehandhaabt ginn. Dat wär sënnavoll, souwuel fir d'Patienten, wéi fir déi Leit, déi Besuch maachen, well ëmmer an ëmmer erëm Diskussiounen sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Mäin zweete Punkt, dee bréngt mech dann zu enger Ausso, déi d'Regierung mécht: Dat ass, dass mer mussen en haut niveau de Preparedness hunn, dat heescht, preparéiert sinn op dat, wat kéint. An dofir misste wéi gesot déi ganz Instrumenter en place bleiwen. An ech sinn och am Prinzip mat där Ausso, dass mer en héijen Niveau vu Readiness, Preparedness oder wéi s de et och ëmmer nenns, État de préparation, mussen hunn, averstan. Dat ass fir eis evident.

Mee dass heescht awer an eisen Aen och – niewent dem Fait, dass mer all déi Instrumenter hei stoe loosse –, dass mer awer sollten eng Evaluatioun maache vun der Effektivitéit vun deene Moossnamen, déi mer an deene leschte Joren en place gesat hunn.

Fir eis d'Fro ze stellen: Hunn déi Moossname Sënn gemaach, wat hu se bruecht a wéi kann ee se, wann ee se dann erëm géif brauchen, asetzen? Déi Maskepflicht, déi mer elo deelweis nach hunn, war déi effizient oder war se net effizient? Wéi ass et mam Curfew gewiescht, huet en eppes bruecht oder huet en näischt bruecht? Deen huet zum Beispill an eisen Aen net ganz vill bruecht, mee d'Zuele kënne mer net nowiesen.

Wéi war et mat de Geschäfte, de Commercen: Zoumaache respektiv d'Obligatioun, d'Maskepflicht a Geschäfte ze hunn respektiv just eng limitéiert Zuel vu Leit dobannen ze hunn, war dat sënnavoll, war et net sënnavoll?

Wéi war et mat de Restriktiounen, déi mer op Manifestatiounen haten? Hate mer Clusteren op Manifestatiounen? Hunn déi Restriktiounen eppes bruecht, hu se näischt bruecht?

Wéi war et mat de Restauranten, mat de Gastronomiebeträiber? Wéi war et mat all deene Moossnamen, déi mer an der Kultur agefouert hunn? War dat sënnavoll, war et net sënnavoll? Wat huet et bruecht a wat kënne mer aus den Zuele liesen?

A genau déi selwecht Reflexioun ass iwwer all déi Moossnamen ze féieren, déi mer am Schoulsystem haten.

Dat ass awer, souwäit mir au courant sinn an d'Kommissioun informéiert ass, iwwerhaupt net gemaach ginn. An ech muss soen, dass ass awer e Reproche, dee mer als CSV sécherlech der Regierung maachen, fir ze soen: Mee wann ee wëllt preparéiert sinn op eng Reprise, eventuell op eng nächst Well, déi kéint kommen, da wär et awer weesentlech ze wëssen, ob déi Instrumenter, déi ee virdru probéiert huet, effizient waren oder net, fir dass een, wann ee se dann nach eng Kéier géif brauchen, och elo déi richtig asetzt a vläicht Moossnamen, déi engem sënnavoll erschénge hunn, mee déi nowieslech net sënnavoll waren, an där nächster Etapp, wann et da misst sinn, evitéiert.

Dat selwecht gëllt d'ailleurs an eisen Aen och fir e Pandemiegesetz. Ech hunn der Madamm Minister gutt nogelauschert bei där leschter Diskussioun, déi mer iwwer d'Gesondheetspolitik haten. A wann ech richtig verstanen hunn, seet si, dass ee sech gutt Zäit sollt huele fir d'Pandemiegesetz, dass een dat elo an dësem Moment net sollt maachen.

Ech sinn do wierklech, mir sinn do wierklech anerer Meinung, well mer soen, dass dat Pandemiegesetz eis awer vill kéint hëllefen. A wa mer et an deenen nächste Méint hätten, kéint et eis hëllefen, eng ganz aner Aart a Weis ze hunn, wéi mer un esou Pandemien oder respektiv un eng fënneft Well och gesetzlech kéinten erugeen oder an der Aart a Weis, wéi mer déi Schrëtt dann huelen, fir besser dozostoen. An hei hunn ech d'Impressioun, dass mer awer manifestement dëst Gesetz, wat e schwierigen Text ass, no d'Wale wëllen drécken an et net virdru wëlle maachen. Mir soe kloer: Mir bräichten en elo.

Ech weess, dass dat ganz schwierig Froe sinn, well ee sech Froe muss stellen iwwer déi institutionell Equilibren, iwwer d'Fräiheetsofschätzungen an esou Gesetzter: Wéini kann een, wéini kann een net? An haaptsächlech: Wien decidéiert wéini wat? A wie muss et kontrolléieren? Dat sinn alles extrem sensibel Froen. Ech fannen et awer weesentlech, dass mer eis se stellen. Dat ass och en Deel vun der Preparedness, wann s de deng Texter elo esou méchs, dass de nach méi effizient kanns handelen, wéi dat bis elo de Fall war.

Mäin drëtten Punkt, dass sinn e puer Wuert iwwer déi extrem interessant Etüd vun der Covid-19-Task-Force, déi mer virun e puer Deeg kruten an déi eis jo dräi Zenarie beschriwwen huet.

Deen éischten Zenario, dass ass: Wat geschitt, wann elo am Hierscht eng Omikron-Well géif op eis zoukommen?

Zweeten Zenario: Wat geschitt, wann eng Delta-Well am Hierscht géif op eis zoukommen?

An deen drëtten, deen inquietantsten, dass ass deen: Wat geschitt, wann eng Deltakron-Well géif op eis zoukommen? Dat heescht am Fong, eng nei Variant vun engem Virus, deen esou virulent wär wéi den Delta a sech esou schnell géif verbreed wéi den Omikron.

Elo ass dat awer keen Zenario, deen aus der Loft gegräff ass, well sou, wéi mir gesot kréien, existéieren esou Variante schon, déi reperéiert gi sinn, wou mer elo nach d'extrem Chance haten, dass se sech awer net als déi erweisen hunn, ...

(Interruption)

... déi sech duerchgesat hunn, dat heescht, dass se méi lokalisiert bliwwen sinn. Gott sei Dank. Ob dat esou bleift, dat wësse mer net.

Déi Analys, déi d'Covid-19-Task-Force gemaach huet, weist also, wat am September kéint passéieren, an et sinn zwee weesentlech Punkten, déi sech do erausschelen: Deen éischten ass, dass, am Fall vun enger Well vun Delta oder vun engem Deltakron, de System erëm eng Kéier uerg strapazéiert géif ginn an dass et bei enger Deltakron-Versioun extrem kritesch kéint ginn, wa mer keng Impfpflicht maachen op där enger Sait an, zweetens, ouni e véierte Rappel – deen a sech, souwäit d'Experten et hei schreiwen, eventuell sënnavoll kéint sinn –, fënnef Méint, nodeem een eng Booster-Impfung kritt huet. À voir. Dat ass och eng Diskussioun, déi mer hei nach mussen féieren.

Mir kënnen awer an eisen Aen am September net méi zoumaachen. Dat ass ganz kloer fir déi psychologische Situatioun vun eisem Land, fir déi Fräiheeten, déi mer awer net erëm eng Kéier wëllen astellen, an och fir déi ekonomesch Situatioun.

An d'Konklusiounen vun der Covid-Taskforce – ech liese se am Originaltext op Englesch vir –: „Due to immunity waning, an epidemic rebound in the coming fall has to be anticipated.“ Dat heescht, déi soen extrem kloer an daitlech an hirer Konklusioun, dass mer elo dat mussen anticipéieren, wat am September ka kommen. Alles anescht wär irresponsabel.

Mir gesinn awer dobaussen, dass momentan de Wille fir d'Impfe stark nolléist, well d'Leit de Sënn dovunner net méi agesinn. Mee dofir ass et fir eis kloer, dass et wichteg ass, en Erhéije vum Impftaux bis September ze erreechen. Dofir däreft een an eisen Aen d'Impfpflicht net aus den Ae verléieren. Si mécht nach ëmmer Sënn a mir mussen och ganz no suivéieren, wéi et mat der Noutwendegkeet vun enger Refresher-Impfung ass. Ass déi noutwendeg, ass déi net noutwendeg? Haut kann d'Wëssenschaft dat, souwäit meng Informatiounen sinn, nach net definitiv determinéieren. Do, mengen ech, misst awer och sou no wéi méiglech gekuckt ginn an haaptsächlech de Leit déi Erklärungen gi ginn. Déi Erklärungen mussen fréi genuch kommen, gradesou wéi déi Erklärungen iwwer d'Durée vun der Immunitéit bei Krankheitsverleef.

Et ass kloer an daitlech, dass d'Duerchseuchung – déi elo akzeptéiert gëtt, well den Omikron net esou effektiv ass an net esou schiedlech ass wéi aner Varianten, also well den Omikron déi Duerchseuchung an dësem Moment erlaabt –, awer wäit ewech ass vun der Effektivitéit vun enger Duerchimpfung, enger Situatioun, déi eis weesentlech méi Sécherheet gëtt.

Als Konklusioun zu deem Ganzen, a fir et kuerz ze maachen haut de Mëtten, wëll ech, éischstens, soen: Mir stëmmen dësen Text mat. An zweetens: Mir erwaarden eis vun der Regierung a) eng Analys vun der Effektivitéit vun de Moossnamen, fir prett ze sinn, wann eng véiert Well géif kommen, fir da méi effizient kënnen anzegräifen, b) dass elo, an net an engem Joer oder zwee, e Pandemiegesetz ausgeschafft gëtt an c) dass alles en place gesat gëtt, fir dass mer am September eng nächst Well iwwerstinn, ouni erëm missen alles zouzemaachen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Wiseler. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.



**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, léif Nolauschterinnen an Nolauschteren och dobaussen, mir hunn et gepackt. Et gesäit esou aus, wéi wa mer d'Covidkris fir de Moment kéint hanner eis loossen a mat dësem Gesetz déi allermeescht Mesuren am sanitäre Beräich kéinten ophiewen, wa mer och weiderhi musse virsiichteg bleiwen.

Wa mer do sinn, wou mer haut sinn, ass dat de Verdéngscht vun all Eenzelnem. Zweek Joer laang hu mir alleguerten d'Distanze gehalen. Zweek Joer laang hu mer eis Hänn reegelméisseg desinfizéiert. A jo, zweek Joer laang hu mer eis alleguerten reegelméisseg an nei Mesuren ugepasst. An d'Chamber war bei deene Mesuren zu all Moment agebonnen. Den demokratesche Prozess, den demokratischen Oflaf hei am Land ass zu all Moment respektéiert ginn.

28 Covidgesetzter hu mir heibannen zesummen an deenen zweek Joer gestëmmt, ëmmer an der Suerg, dee richtegen Equilibre ze halen tëschent der gesondheetlecher Sécherheet an der perséinlecher Fräiheet. Dat hu mer net aus dem Bauch eraus gemaach, dat hu mer net aus enger Laun eraus gemaach, mee dat hu mer gemaach, andeem mer eis eis Entscheedungen op d'Wëssenschaft baséiert hunn.

28-mol stoung de Kolleeg Mars Di Bartolomeo als Rapporteur hei uewen. An ech wëll em fir seng Aarbecht iwwert déi zweek Joer e ganz, ganz grouss Merci soen. An en huet eis d'Gesetz, dat mer de Mëtte wäerte stëmmen, erkläert an dofir brauch ech och, mengen ech, net méi in extenso drop anzugeen.

Ech mengen, et ass haut vill méi de Moment, fir Merci ze soen. Et ass awer eng ganz grouss Majoritéit vun de Leit am Lëtzeburger Land, déi sech impfe gelooss hunn an domat e groussen Akt vu Solidaritéit an eiser Gesellschaft gewisen hunn.

E besonnesche Merci geet un déi jonk Leit, déi während deenen zweek Joer op viles hu musse verzichten. An ech hunn oft héieren, dass et vläicht déi bescht Jore vun hirem Liewe waren. Bon, et kann een am Liewe ganz viles nohuelen.

Merci de Kanner an de Schüler, hirem Léierpersonal an hiren Elteren, déi sech och ganz, ganz oft hu mussen ëmstellen, déi ganz proaktiv matgeschafft hunn an déi zesummen den Homeschooling fir sech entdeckt hunn.

Alleguerten deene merci, déi sech op der Schaff ëmmer erëm hu mussen un nei Mesurë gewinnen an e ganz, ganz grouss Mooss u Flexibilitéit gewisen hunn, fir eis Ekonomie um Lafen ze halen.

An e besonnesche Gedanke geet haut de Mëtten un déi vill eeler Leit, déi mat eis duerch dës Kris gaange sinn an déi laang Zäit eleng waren. Déi eeler Leit, déi laang Zäit hu mussen op Frënn, op d'Famill verzichten, e ganz grouss Gedanke geet de Mëtten natierlech och u si.

A mir denken natierlech och un déi Leit, déi de Kampf géint dëse Virus net gewonnen hunn. A mir si mëttlerweil bei knapps iwwer 1.000 Doudesaffer. Och u si wëll ech de Mëtten denken.

Op der Aarbecht, an der Schoul, beim Sport, bei kulturellen Aktivitéiten, do wäerten elo de CovidCheck an d'Masken net méi néideg sinn. A virun allem eise Kanner, mengen ech, kënn dat alles zegutt, well si hunn an der Pandemie wirklech Groussaarteges gelescht. An dat ass méiglech, well d'Hospitalisatiounen, trotz der Omikron-Well, net an d'Luucht geschoss sinn an d'Situatioun an de Spideeler am Grëff war a se och an dëser Well net iwwerbelaacht gi sinn.

Mee mir wëssen awer och alleguerten, dass mer dee SARS-CoV-2 hei net méi lass ginn. De SARS-CoV-2 wäert

net einfach esou verschwannen, do brauche mer eis näischt virzemaachen. An och an Zukunft musse mer eis drop astellen, dass nei Mutatiounen wäerten optrieden. A mir wëssen elo nach net, ob se eis emol méi staark oder mol manner staark erausfuere wäerten. Mir kennen dat vun der Gripp, déi och all Joer nees opdaucht. An elo schéng mer an enger Situatioun ze sinn, wou aus der Pandemie eng Endemie gëtt, wou mer musse léieren, mam Virus ze liewen, ouni dass mer eist gesellschaftlecht Liewen erëm mussen aschränken an ouni dass mer eist Liewen erëm mussen op de Kapp stellen.

D'Hoffnung ass natierlech, dass d'Impfungen, an zum Deel och d'Infektiounen mat der Omikron-Variant, eisen Immunsystem méiglechst gutt op déi nei Variante preparéiert huet.

An der Chamber hunn ech am Januar eng Motioun deposéiert, déi och ugeholl ginn ass, an där d'Regierung ënner anerem opgefuerdert ginn ass, eng Etüd ze maache mat Modellisatiounen, déi den Impakt sollen duerleeën vun enger Impfpflicht ab 50 a wat den Impakt op d'Spidolwiese wär. Déi Etüd ass eis virun e puer Deeg zougestallt ginn. Déi Etüd hu mer och an der Santéskommissioun diskutéiert. D'Regierung huet also hir Aarbecht gemaach. An d'Etüd gëtt en Ausbléck op de Verlaf vun den Infektiounen, onofhängeg dovunner, wéi eng Variant dominant wäert sinn.

Ganz kloer geet doraus ervir, dass mir am beschten duerch all Szenario kommen, wann eng Majoritéit vun de Leit geimpft ass. Ob mir elo eng Impfpflicht aféiere fir Leit ab 50, dat musse mer eis wirklech ganz, ganz eeschthaft duerch de Kapp goe loossen, besonnesch, wa mer wëssen, dass nach ëmmer 14 % vun de Leit iwwer 50 – an dat sinn awer 30.000 Leit – hei am Land net geimpft sinn an esou awer e grouss Risiko lafen, mam Covid-19 ugestach ze ginn, wat e schwéiere Krankheitsverlaf kéint mat sech bréngen, besonnesch wann eng méi ustechend Variant sollt optauchen.

Ech mengen awer och, dass et op dëser Plaz de Moment ass, fir all deene Leit Merci ze soen, déi am Gesondheits- an am Fleegesektor geschafft hunn. E ganz grouss Merci un all einzelnen Dokter, d'Infirmiëren, d'Aide-soignanten, d'Ambulancierinnen, d'Pompjeeën, d'Hiewannen, d'Psychiatere, d'Psychologen – si sinn oft bis un d'Grenze vun hirer Kraaft gaangen, dat op d'Käschte vun hirem Familjeliewen a vun hirer Gesondheet. An ech mengen, dat verdéngt e ganz grouss Respekt vun eis alleguerten heibannen.

Viru bal zweek Joer hu mer de Fréijoersufank eleng doheem verbruecht, an elo laude mer d'Fréijoer mam Ewechfale vum CovidCheck a vun de Masken op bal alle Plazen an. Mir sinn net dat eenzeg Land, wat dee Wee geet: An der Belsch, an Dänemark, a Groussbritannien, do gëtt et scho praktesch keng sanitär Mesurë méi an och an Italien an a Frankräich si scho vill Restriktiounen opgehiewen. Iwwerall ass de Wonsch, zréck an d'Normalitéit ze kommen, ëmmer méi grouss, an haut kënnen mir de Leit dee Wonsch erfëllen.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir wëssen net, wat eis am Hierscht erwaart, mee mir musse preparéiert sinn.

Dat ass awer net d'Thema vun haut. Et ass och elo net, mengen ech, dee richteg Moment. Elo ass de Moment, mengen ech, wou mer eis sollte mol eng Kéier richteg, alleguer zesummen, freeën. Freeën, dass mer zréckkommen an eng Normalitéit. Freeën, dass mer zréckkommen an dass mer kënnen eis Fräiheete genéissen.

Mir hu bewisen, dass mer viles kënnen bewältegen, wa mer als Natioun zesummenhalen. An zesumme wäerte mir och déi nächst Erausforderungen, déi scho virun der Dier stinn, zesumme wäerte mer déi och packen.

Ech ginn natierlech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Et ass also elo sou wäit. Wa mer dëst Gesetz bis gestëmmt hunn, da brauche mer op deene meeschte Plaze keng Maske méi. Mir kënnen nees an de Restaurant oder an de Bistro goen, ouni musse virdrun de CovidCheck ze maachen. Et gëtt keng 3G-Reegel méi op der Aarbecht verlaangt an och déi Limitatiounen vun der Unzuel u Leit, déi un engem Evenement deelhuelen dierfen, fallen ewech.

D'Pandemie ass also eriwuer, kéint ee mengen, oder? Ech wëll hei jo kengem d'Freed huelen, mee deem ass leider net esou an et ass och scho virdru gesot ginn. De Virus ass nach ëmmer do an d'Zuel vun den infizéierte Leit nach ëmmer héich. Et stierwen och nach ëmmer Leit un deem Virus oder mam Virus.

Firwat kënnen mer dann haut, vun engem Dag op deen aneren, de CovidCheck ophiewen, d'Maske fale loossen an d'Restriktiounen opginn? Loosst mech Iech drun erënneren, dass mir zu Lëtzebuerg ëmmer de Krittär vun der Belaaschtung vun eise Gesondheitssystem als Haaptkrittär geholl hunn, fir d'Situatioun anzuschätzen a Restriktiounen anzeféieren oder eebe wéi haut opzehiewen. An do gesi mer nu mol, dass den Omikron net déi gefaarten Explosioun vu schwéiere Krankheitsverleef mat sech bruecht huet, wéi een een Ament gefaart huet. Och wann den Omikron héichustiechend ass an d'Inzidenz nach ëmmer héich läit, sou ass d'Situatioun an de Kliniken awer ënner Kontroll.

Dëse Krittär seet also, dass mer d'Restriktiounen kënnen ophiewen. Anescht ausgedréckt: De Proportionalitätsprinzip tëscht op där enger Säit der Situatioun an de Kliniken an op där anerer Säit deenen dach restriktive Mesuren ass elo net méi ginn. An dass d'Situatioun an de Kliniken haut gutt ass, läit dorunner, dass mer sou vill Leit geimpft hunn. 91 % vun de Leit iwwer 60 Joer sinn zweemol geimpft; 83 % vun hinne si souguer scho geboostert.

De Gilles Baum huet a senger Ried ganz vill Mercie verdeelt – berechtigterweis! A mir schléissen eis, mengen ech, alleguerten deene ville Mercien un. An dofir bleift mir eigentlech just nach ee Merci ze soen: Well ech fannen, et soll och deene Leit Merci gesot ginn, déi hei am Land hir Biergerpflicht wouergeholl hunn a sech impfe gelooss hunn. Et ass esou, wéi eng solidaresch Gesellschaft funktionéiert.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | D'Kombinatioun also vun deenen zweek Facteuren, eng Kéier, dass den Omikron manner geféierlech ass, an dass esou vill Leit geimpft sinn, mécht, dass mer haut kënnen erëm an e méi – tëscht Gänseféiercher – „normaalt“ Liewen zréckfannen, och wann eenzel Restriktiounen op verschiddene Plaze bleiwen, wat, ech mengen, jiddwerengem eigentlech misst alicheten.

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, dës nei Fräiheeten, déi mer also haut erëm zréckkréien, hu mir eis zesummen erkämpft. Mee dat dierf eis net vergiessen doen, dass dëst net d'Enn vun der Pandemie ass. Ech erënnere mech, ganz am Ufank vun der Pandemie, do sinn ech nach dovunner ausgaang, dat dee ganze Misär an dräi Wochen oder spéitstens an e puer Méint eriwuer wär. A wéi sou vill Leit hunn ech mech dunn och eng éischte Kéier mat der Virologie beschäftigt.



An ech hu gelies, wat d'Virologen eis gesot hunn. A keng Angscht, där richteger natierlech, net där You-Tube-Hobbyvirologen, déi kuerz virdrun nach Experten an der Kernphysik oder an der Geopolitik waren. Nee, där richteger, och unerkannter Virologen. An ech hu gelies, dass an der Vergaangenheet eng Pandemie ëmmer fënnef Joer gedauert huet. Et war deen Ament, wou et mir eigentlech kal de Bockel erofgelaf ass. Well dat géif jo eigentlech bedeuten, dass mer eréischt knapps an der Hallschent vun der Pandemie ukomm wäeren. Et ass awer unzuehuelen, dass d'Impfungen wäerten hëllefen, dass mer dës Kéier méi séier wéi virdrun derduerchkommen, wéi zum Beispill bei der Spuenescher Grippe.

D'Spezialiste ginn dovunner aus, dass mer op d'mannst nach eng gréisser Mutatioun vum Covid wäerten ze spiere kréien. Wéi déi ausgesäit, ka keen eis haut soen. Dat si mer jo och scho gewinnt vun deem Virus. A genee dowéinst mussen mer verantwortungsvoll mat dëser eiser neier Fräiheet ëmgoen. Dat heescht, dass een nach ëmmer soll oppassen, d'Geste-barriären anzehalen. Et gëtt och kee schif gekuckt, wann e muer nach seng Mask undee. Am Contraire: Mir wäerten dat alleguerten respektéieren. Reegelméisseg d'Hänn wäschen an doheem bleiwen, wann ee Grippe-Symptomer huet, dat wore gëschter déi richteg Reflexer an dat si se och nach muer.

Ech wëll och kloer soen, dass wa mer haut déi Instrumenter kënnen ewechpaken, déi mer eis ginn hunn, fir der Pandemie Meeschter ze ginn, da mussen mer awer wëssen, dass mer se och nach emol aus dem Tirang mussen auspaken, wa sech d'Situatioun nees géif verschlimmeren.

Och mussen mer unhuelen, dass wa mer bis haut d'Restriktiounen ophiewen, et ganz warscheinlech ass, dass d'Infektiounszuelen an deenen nächsten Deeg wäerte klammen. Dass mussen mer also weiderhin am A behalen.

Här President, et ass déi 28. Kéier, dass mer hei an der Chamber e Covidgesetz stëmmen. Ech soen dofir hei dem Mars Merci fir déi engagéiert Aarbecht als Rapporteur vun all deenen Texter. Et si bal op den Dag genee zwee Joer, dass deen éischte Mënsch hei zu Lëtzebuerg um Covid-19 gestuerwen ass. E puer Deeg méi spéit, nämlech de 17. März 2020, huet de Premier den État de crise ausgeruff a mir si fir e puer Wochen an de Lockdown gaang.

Zwee Joer méi spéit sinn elo bal 1.000 Leit dësem Drecksvirus eleng hei zu Lëtzebuerg ënnerleeën. Eis Gedanke sinn dofir haut, bei aller Freed, och bei deene Leit an hire Frënn a Familljen. An dach huet déi differenziéiert Approche an dat séiert Handele vu Regierung a Chamber et erlaabt, eigentlech Schlëmmes ze verhënneren. Wéi vill Liewe mir als Gesellschaft alleguerten zesumme gerett hunn, dat wäerte mer wuel ni gewuer ginn. Mir hunn dat gemaach, andeems mir eis un d'Reegele gehalen hunn, och wann et eis dacks schwéiergefall ass. A mir hunn et gemaach, andeems mer eis impfe gelooss hunn.

Ech wëll dofir vun der Geleeënheet profitéieren, fir nach eng Kéier den Opruff ze maachen, sech impfen ze loossen. D'Impfe wierkt haut an och an Zukunft. Ech ruffen also all déi Leit op, déi sech nach net geimpft hunn, dat nozehuelen an déi, déi scho geimpft sinn, och weiderhin de Recommandatiounen vun den Dokterinnen nozekommen, wann zum Beispill eng Booster-Impfung sollt noutwendeg ginn.

Nëmmen zesummen hu mer et fäerdegbruecht, dass mer haut kënnen d'Restriktiounen ophiewen. Nëmmen zesumme wäerte mer et fäerdegbréngen, de Virus endgëlteg ze bekämpfen. An nëmmen zesumme wäerte mer et aus dëser Pandemie paken.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An da wier et un där honorabeler Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Schiet vum dramatesche Krich an der Ukrain schafft dës Projet de loi zumindest e Liichtbläck an der Pandemie: Et ass deen, dass d'Moosnamen, bis op eenzel Ausnamen, jo no ganz zwee Joer integral opgehewe ginn. An dofir wëllt ech dann och dem Mars Di Bartolomeo eng weider Kéier Merci soe fir d'Erklärungen, déi en dozou ginn huet, och wat de Volet vun der Interferenz tëscht dem Verbuet, sech am ëffentleche Raum ze vermummen, an dem Recht, Masken ze droen op deene selwechte Plazen, ugeet. Esou kann ee Gesetz engem anere Gesetz am Wee stoen. Dat hu mer gëschter festgestallt.

Justifizéiert gëtt d'Ophiewe vun de Moosnamen natierlech domat, dass d'Infektiounen mat Omikron manner virulent sinn, besonnesch bei der geimpfter Populatioun, an dass d'Hospitaliséierungen konsequenterweis op engem niddregen Niveau stabiliséiert sinn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, op dësen Dag huet eis Gesellschaft laang gewaart.

Et ass den Dag, wou de Staat der Gesellschaft net méi virschreift, wéi vill Leit op wéi enger Plaz ënner wéi enge Konditiounen zesummen däreffe kommen, ënner wéi enge Konditiounen een däreff schaffen, an et ass den Dag, wou de Staat deem engen Deel vun der Bevëlkerung net méi muss verbidden, e Restaurant, e Kultur- oder Sportevenement ze besichen an deem aneren Deel just ënnert der Kontroll vun der Identitéit iwwert de Wee vum CovidCheck Zoutrëtt ka ginn.

Et ass den Dag, wou d'Schülerinnen an d'Schüler sech nees ouni Maske kënnen begéien. Dat ass och e wichtige Schrëtt: ouni Maske kënnen léieren an ouni Maske kënnen kommunizéieren.

Jo, et ass richteg, all dës Moosnamen waren eiser Gesellschaft schwéier zoumuttbar. Se ware belasschend a se hunn eiser Demokratie net gutt gedoen. An awer ware se onëmgängelech, fir déi vulnerabel Persounen an de Spideeler ze schützen. Richteg ass awer och, dass dat eist klengt Land am internationale Kontext ervirstécht, wann een d'Gestioun vun der Pandemie duerch de Brëll vun eisen demokratesche Grundprinzipie kuckt.

Här President, ganzer 27 Covidgesetzter waren néideg, fir d'Pandemie ze geréieren. A fir eis bleift et och an Zukunft evident, dass fundamental Fräiheitsaschränkungen net laanscht d'Chamber däreffe lafen. Als Gréng begrësse mir dofir, dass dës Approche sech bis haut duergesat huet, esou ermiddegend déi Aarbechten och zäitweis waren.

Anescht wéi bei de virege Gesetzter, schléit de Pendel haut a Richtung Fräiheet a setzt deem ganz belasschenden eetheschen Dilemma en Enn; en Dilemma, mat deem mer zwee Joer laang konfrontéiert waren. Déi eng Säit vum Dilemma, dat ass d'Berechnung vun den Doudegen – et sinn der méttlerweil 1.000 –, dat ass d'Berechnung vun de schwéier Erkrankten an den Affer vum Long-Covid, déi vun haut op muer aus hirem Alldag gerappt gi sinn a bis haut dorënner leiden. Oft komme se net méi esou séier an hiert gewinntent Liewen zrëck.

Déi aner Säit, dat ass d'Berechnung vun de mentale Problemer an de Léierdefiziter bei de Kanner a Jonken. Dat ass d'Berechnung vun iwwerlaaschte Familljen a ruinéierten Existenzen, och wann déi sech dank eise massiven Ënnerstëtzungsprogrammer a Grenze konnten halen.

Einfach ausgedréckt, hunn dës Berechnungen noutgedrungen zur Konklusioun gefouert, dass d'Verhënnerung vun de Stierfäll an de Schutz vun de Spideeler zu ville gesellschaftlechen an ekonomesche Kollateralschied gefouert huet.

Ganz sécher si vill vun dësem Schied net vun haut op muer behuuewen, scho guer net bei der jonker Generatioun, déi am meeschten ënnert de Moosnamen gelidden huet. Eng ganz Rei Etüde liwwere méttlerweil de Beweis.

An dofir ass et ëmsou méi erfreeslech, Dir Dammen an Dir Hären, dass mer mat dësem Projet de loi keng weider Schied produziéieren müssen, an der Gesellschaft hir Fräiheet kënnen zrëckginn. Dës opgrond vun der Erkenntnis, dass déi aktuell Aschränkungen net méi am Verhältnis zu hirem gesondheetlechen Notze sinn.

Här President, am Fong decidéieren mer mat dësem Projet de loi eisen éischte Freedom Day. Et ass en Dag, deen net just aus 24 Stonnen besteet, mee en hoffnungsvollen Zenario opbaut, e fräie Summer kënnen ze erliewen.

No der Phas vun den haarde Moosnamen, der Phas vum Hummer, wéi se vum franséischen Auteur an Datenanalytiker Tomas Pueyo genannt ginn ass, betriede mer mat dësem Projet de loi d'Phas vum Danz.

Laut dem Auteur ass d'Phas vum Danz déi Phas, an där d'Moosnamen zrëckgefuert kënnen ginn a wou d'Gesellschaft am Fong ronderëm de Virus erëm danze kann, fir et plakativ auszedrücken.

Verschwonnen ass de Virus allerdéngs net. A grad dat ass de Grond, firwat een den Dag vun haut net virum Owend soll luewen. Well jo, de Virus ass nach ëmmer do an e wäert sech warscheinlech och net méi ganz verzeien, och wa mir haut vun Entspannung a vu Fräiheet kënnen schwätzen. A jo, nach ëmmer bleiwe 15 % vun de vulnerabele Mënschen ongeimpft. Laut den Experte sinn dat der nach ze vill.

Nach ëmmer bleift de Risiko vu méi geféierleche Variante bestoen. An nach ëmmer spillt d'Saisonalitéit eng grouss Roll, dat heescht, dass de Virus sech an der kaler Saison nees méi aggressiv ka verhole wéi an de waarme Méint, an déi mir mat dësem Projet de loi eran däreffen danzen.

Dir Dammen an Dir Hären, och wann déi aktuell Situatioun et haut erlaabt, d'Moosnamen bal komplett zrëckzeféieren, sou ass et alles anescht wéi inkohärent, den zukünftige Risiko schon haut an d'Aen ze kucken an de Wanter virzubereeden.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | D'Regierung kuckt de Risiko an d'Aen, andeems se um Text vun der Impfpflicht weiderschafft an de Schutz, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | ... dee jee no Entwécklung an de kale Méint gebraucht wäert ginn, op déi Manéier anticipéiert.

Sollt sech dann erausstellen, dass d'Impfpflicht net méi justifizéiert ass, dann ass déi Diskussioun natierlech séier vum Dësch. Mir maachen dat jo net aus Freed. An da gëtt den Text och net applizéiert.

Villes hänkt an deem Kontext dovun of, ob déi nach ongeimpfte Persounen sech selwer an d'Flicht huelen a sech fräiwëleg impfe loossen, fir am Hierscht geschützt ze sinn, wuel wëssend, dass de Schéma vaccinal eréischt no dräi bis véier Méint komplett ofgeschloss ass.

Net méi spéit wéi dee leschten Dëschdegg sinn d'Experten an der Santéskommissioun op deen Aspekt agaangen, an dat war ganz interessant. Se hunn déi entscheidend Roll vun engem méi héijen Impftaux



am Hibleck op den nächsten Hierscht a Wanter op en Neits betount. Virun allem geet et hei em d'Schleisse vun deene méi kriteschen Impflücke bei de vulnerabele Leit. Dëst ka massiv dozou bäidroen, datt mir am Wanter net méi mussen zrëckrudderen an d'Fräiheeten net op en Neits massiv mussen aschränken. Mir sinn iwwerzeegt: Deen Zenario ass eiser Gesellschaft schwéier zouzemmenden a muss mat alle Mëttele verhënnert ginn.

Erfreelech war an deem Kontext ze héieren, datt laut der EMA keng nei grouss Etüde méi néideg sinn, fir Vaccinen unzekerken, déi un nei Varianten ugepasst ginn. Dës ugepasst Vaccine sinn nach net do, mee se kommen, se sinn ennerwee a ginn dann och bei der véierter Dos agesat, sollt déi sech dann als noutwendeg erweisen. D'Experte sinn an der Kommissioun dovun ausgegangen.

Manner erfreelech fir eis war dann awer d'Informatioun, datt d'Impfzentren, mat Ausnam vun der Victor-Hugo-Hal, alleguer zougemaach ginn, esou wéi et och an der Mëttestonn an den Noriichten ze héiere war. Laut dem Direkter vun der Santé leien d'Grënn vun dëser Decisioun doran, datt et net geléngt, déi nach Ongeimpft genuch ze motivéieren. Dat klénkt schonn e wéineg no Resignatioun.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Laut him bréngt dat mat sech, datt de Käschtpunkt bei just 50 Impfungen den Dag einfach ze héich läit. Quitte, datt d'Dokteren an d'Apdikter, och dat ass betount ginn, weiderhin impfen dierfen an den Impfbus nees aktivéiert gëtt, sou géife mir et awer dach begrëissen, wa weider Schrëtt ennerholl géife ginn, fir déi iwwer 50-Järeg nach méi cibléiert ze erreechen, an och déi vulnerabel Bevëlkerungsgruppen. Zesumme mat mengem Kollege Marc Hansen hunn ech an deem Kontext och eng Question parlementaire eraginn.

Ech denken hei net prioritär un d'Residente vun den Alters- a Fleegeheemer, wou den Impftaux plus ou moins zefriddestellend ass, ech denke virun allem un déi vill eeler Mënschen, déi laut dem Prinzip vum Maintien à domicile vun der Assurance dépendance doheim versuergt ginn. Ech denken awer och un all déi aner vulnerabel an oft ongeimpft Bevëlkerungsgruppen, déi an enger rezenter Etüd vu LISER a Statec identifizéiert gi sinn.

D'Erkenntnisser vun där Etüd waren am Fong virauszugesinn an entsprechen eigentlech deem, wat ech scho virun e puer Méint op dëser Plaz ze bemierke ginn hunn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Et sinn déi eelst an et sinn déi ärmst Mënschen, déi am schlémmste vum Covid beträff sinn. Dat ass ganz kloer aus der Etüd ervirgaangen.

Dir Dammen an Dir Hären: „Prepare for the worst and hope for the best“, heescht et a Groussbritannien. Genue dat musse mer och zu Lëtzebuerg maachen an dat ass dann och meng Konklusioun. Mir mussen eis op dat Schlémmst preparéieren an hoffen, datt et net antrëtt. „De Prinzip Hoffnung“ oder „Den Dram vum schéine Liewen“, wéi den Ernst Bloch säi Wierk fir d'éischt wollt nennen, ass ganz sécher kee schlechte Prinzip. An de Mënsch leeft jo och zum Deel vun der Hoffnung, souguer an Zäite vu Pandemie. Mat Verantwortung iwwerhuelen huet dës Prinzip allerdéngs net vill ze dinn.

An dofir begrëisse mir ausdrécklech, datt d'Regierung weiderhin op den Avis vun den Experte wëll lauschten, wann et drëms geet, déi nächst kal Saison virzebereeden a Verantwortung ze iwwerhuelen. Allerdéngs kënnen och déi bescht Experten d'Politik net vun hirer

Verantwortung befreien. An et läit och nach ëmmer an den Hänn vun der Politik, fir schlussendlech déi richteg Decisiounen ze huelen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn iwwerzeegt an zouversichtlech, datt mir dat och an Zukunft an dësem héijem Haus wäerte maachen. Am beschte wéi haut: am grouss Konsens, och wann d'Decisiounen manner bequiem si wéi haut.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschtenen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Lorsché. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut kann ech dem Rapport fir säin 28. Covidrapport e Kaddo maachen. 27-mol huet den Här Mars Di Bartolomeo sech agesat, fir d'ADR ze iwwerzeegen, e Covidgesetz matzestëmmen. Haut ass et him endlech, fir déi éischte Kéier, gelongen. Seng Gedold huet sech also gelount. Him duerfir e grouse Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Ech mengen, déi eenzel Analyse goufen hei virgedroen. Ech wëll Iech se net nach eng Kéier hei virdroen, dat wier duebelen Emploi.

Mir haten als ADR den Dag vun der Fräiheet fir den 1. Mäerz verlaangt. Gutt, dat ass net komm, mee et ass méi lues komm. Elo hu mer den 11. Mäerz. Et ass elo do a mir loosse dat dann och duergoen.

Mir begrëissen dëst Gesetz ausdrécklech, well et de Leit nees vill Fräiheeten zrëckgëtt. Mee mer mussen awer trotzdem wachsam bleiwen an der Zukunft, wat do nach op eis duerkënnt. Mee och eenzel Punkte vun dësem Gesetz hunn eis nach net ganz iwwerzeegt oder besser gesot, eenzel Froe bleiwen nach op.

Eist Zil bleift et, datt esouvill wéi noutwendeg Restriktiounen solle kënnen opgehuewe ginn. An dësem Kontext stelle sech weiderhi Froe vu Kohärenz, zum Beispill am öffentliche Transport. Wa mer d'Maskepflicht an zouene Raim allgemeng ophiewen, firwat dann net och am öffentlichen Transport? Hei fuerdere mer eng novollzéibar Argumentatioun an och, datt mer déi entsprecheend Reegelung am Ausland am A behalen.

Déi selwecht Froe stelle sech an de Gesondheits- a Fleegestrukturen. Wéi eng Krittäre ginn erugezunn, fir ze trancheieren, ob mer hei zum Beispill d'Maskepflicht bäibehalen oder net? Natierlech wëllen a musse mer besonnesch déi vulnerabel Leit schützen, awer all d'Moosname mussen och ëmmer proportional a rational ze begrënnen sinn.

Mer mussen elo, wou de Moment d'Risiken duerg de Covid staark ofgeholl hunn, och un d'Zukunft denken an eis op eng eventuell zukünfteg Infektiounswell virbereeden. Vläch ass de Covid eriwuer, vläch hu mer och nëmmen eng Paus. Alles dat wësse mer net genee. Mir dierfen d'Hänn elo net an de Schouss leeën.

Onser Meenung no musse mer elo eng Rei vu Punkten an aller Rou iwwerdenken an diskutéieren.

Zum Beispill: Musse mer eis Personaldecken am Gesondheits- a Fleegewesen net iwwerdenken? Fir dat Zil ze erreechen, musse mer all méiglech Ustrengungen ennerhuelen.

Zum Beispill: Musse mer net drun denken, de risegen Defizitt bei de Spidols- an Akutbetter opzeschaffen?

Zum Beispill: Musse mer net d'Betreiung vun de kranke Leit an de Spideeler iwwerdenken a weider verbesseren?

Den normale Betrib konnt a Covidzäiten net ëmmer assuréiert ginn. Analysen, déi zum Beispill schlémm Erkrankungen hätte feststelle kënnen, sinn no hanner geréckelt ginn, bis et fir eng méiglech Heelung vun där diagnostizierter Krankheet vlächet schonn ze spët war. Patiente mat schlémm gesondheetleche Problemer sinn, wa se positiv op de Covid getest goufen, an aner Coronastatiounen verluecht ginn. Dat huet a verschidde Fäll dozou geféiert, datt Covidkranken als Prioritéit ugesi goufen. D'Behandlung vun enger vlächet nach méi schlémm Krankheet, zum Beispill enger Kriibserkrankung, gouf doduerch net esou duerggefouert, wéi dat hätt misse sinn. Esou Situatiounen kënnen natierlech och tragesch Konsequenzen hunn.

Musse mer net Léieren aus deene leschten zwee Jor zéien? An deem Kontext sollt mer och op d'Fuerderung vu verschidde medezineschen Associatiounen agoen, déi konkret Verbesserungsvorschläg geäussert hunn, wat eng spidolsiwwergräifend besser Koordination vu Coronaerkrankungen ugeet. Déi Iddi vun engem Covidspidol oder Änlech muss nach emol gepreift a vlächet och emgesat ginn.

Musse mer net och eis Prioritéiten iwwerdenken, wann et em déi krank an déi eeler Leit geet an natierlech och em déi Leit, déi an hirer leschter Liewensphas sinn? Musse mer net och drop oppassen, datt Patienten an de Gesondheits- a Fleegeearrichtungen net esou drastesch isoléiert ginn? Vill Leit hunn doduerch hir Liewensfreed verluer. Et soll och kee mussen aleng stierwen.

Jo, eis Gesellschaft muss fir hire sanitäre Schutz suergen a si muss och hire Verflechtung mënnschlech-säits nokommen. Dat géllt och allgemeng fir déi sozial Kontakter. War et wierklech gerechtfertegt, datt mer de Leit net mol Chrëschttag entgéintkomm sinn, fir sech mat hire Léifsten ze treffen? All dës Froe verdéngen et, datt mer eis nach emol an aller Rou mat hinne beschäftegen.

Här President, mir mussen d'Zukunft besser virbereeden, awer och kritesch an an aller Objektivitéit op d'Vergaangenheet zrëckkucken. Kommt, mer maachen emol e Bilan vun deene leschten zwee Joer. Wéi en Impakt haten de Virus, awer och déi Moosname vun der Regierung op eise Gesondheitssystem, op eis Aarbechtswelt, op eis Betriber, op eis Gesellschaft, op eis mental Gesondheet, op eis Grondrechter an op eise sozialt Zesummeliwen? Wou hu mer richteg reagéiert a konnte Schlémmes verhënnern? A wéi grouss ass de Schued, deen duerg iwwerdrüwen oder falsch Moosnamen entstanen ass? Dat alles sollt mer an aller Rou iwwerdenken.

Dir wësst, datt d'ADR sech reegelméisseg géint déi Covidgesetzter ausgeschwat huet. An eisen Ae gouf et ze vill Onstëmmegkeeten, ze vill Onlogesch an mam Verletze vun eise verfassungsrechtlech garantéierte Grondrechter ass fir eis ëmmer nees eng rout Linn iwwerschratt ginn. Vill Betriber sinn an Existenznout gedriwwen ginn, ouni datt dat aus sanitäre Grënn néideg gewiescht wär. D'Independante goufe laang Zäit net genuch ennerstëtzt an haut wësse mer, datt hire Statut muss verbessert ginn. Firwat gouf et deene kleng Commercé laang Zäit verbueden ze schaffen, iwwerdeems d'Grande-surfaces hir Dieren duerften oploossen?

Dat selwecht zeechent sech am Horeca-Secteur of. Den Horeca-Secteur war keen Hotspot fir Ustiechungen. Restauranten, Cafén an Hotelieren hu sech opwendegt Material ugeschafft wéi Plexiglas, Konschtstoff-oftrennungen, manner Dëscher a sou weider, fir dann trotzdem gesot ze kréien, datt si net dierfe weider-schaffen. Hei hu mer e ganzen Aarbechtssektor stur widdert d'Mauer fuere gelooss. Eenzel Leit hunn doduerch hir Existenz verluer.



Déi psychesch Gesondheet, besonnesch och bei deene Jonken, huert staark gelidden. Psychesch Erkrankungen sinn an d'Luucht gaangen. Och hei muss nogeprüft ginn, ob all déi Moosnamen, déi zu vill sozialer Isolatioun gefouert hunn, net disproportionéiert waren.

Och eis Grondrechter goufen ageschränkt, géint de Wëlle vun der ADR, déi d'Iwwerzeegung vertritt, dass eis Grondrechter prinzipiell ni dierfen a Fro gestallt ginn. Fir eis war et net ze toleréieren, dass d'Regierung d'Kontroll iwwer de private Raum an d'Privatsphär vum Bierger iwwerhollt. Während der ganzer Covid-situatioun ass eis Rechtsstaatlechkeet a Fro gestallt ginn. Rechter wéi Identitéitsiwwerprüfung, déi bis elo der Police virbehale waren, hunn op eemol missen ënner Privatpersounen gemaach ginn. Mir hunn dat ëmmer refuséiert!

Mir müssen och diskutéieren – zesumme mat Wëssenschaftler vun alle Borden –, wéi e rechtlechen, finanziellen, ekonomeschen a virun allem mënschlechen Schued d'Covidmoosnamen an eiser Gesellschaft verursaacht hunn. Mir müssen wëssen, wat richteg an néideg war a wat mer an enger Krisensituatioun net méi dierfe maachen.

Nëmme wa mer mol esou e Bilan maachen, kënnen mer an Zukunft op eng änlech Situatioun am sanitäre Beräich virbereet sinn, vun där mer all hoffen, dass se net méi kennt, wéi mer se elo kënnt hunn. All d'Resultater vun dësen Analyse kënten och – eenzel Punkte ganz sécher – an een allgemengt Pandemiegesetz eralafen, wat mir befürworten.

Här President, de Covid dierf net weiderhin e Käil an eis Gesellschaft driewen an et ass elo un eis, alles dofir ze maachen, fir dass d'Leit nees zesumme kënnen fannen! Dowéinst wëll ech nach emol d'Fuerderung vun der ADR widderhuelen, dass d'Impfflicht muss definitiv vum Dësch sinn. D'ADR ass a war fir fräiwëllege Impfungen an net fir eng Impfflicht!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmoools, Här Engelen. An da wier et un där honorabelen Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) |** Merci, Här President. Här President, léif Kolleginnen, léif Kollegen, léif Ministesch, ech soen et direkt, mir begreissen natierlech allgemeng dës Lockerungen, ech mengen, dat ass kloer. Dat iwwerrascht kee Mënsch. Mir hunn, wéi Der wësst, de CovidCheck-System ëmmer als diskriminatoreschen Regime kritiséiert an dofir freeë mer eis natierlech fir all déi Leit, déi elo endlech erëm kënnen ouni Barriären um Fräizäit-, sozialen, kulturellen, gastronomeschen a sportlechen Liewen deelhuelen. Si ware wochen- a méintlaang ausgeschloss vun dësem Liewen. Dat dierfe mer net vergiessen.

Nawell ass et esou, dass ech awer och Verschiddenes ze kritiséieren hunn, an net, well et mer Spaass mécht. Ech soen nach eng Kéier, dass ech mer bewusst sinn, dass et schwéier ass, de richtegen Equilibre ze fannen tëschent op där enger Säit dem néidegen Impératif sanitaire an op där anerer Säit de Rechter an de Fräiheeten. Et ass déi noutwendeg Proportionalitéit, déi ee muss fannen, déi zumindest an eiser Vue an dëse Gesetz net ëmmer do war. Ech denken awer, dass d'Proportionalitéit mat dësem Gesetz erëm e weénege méi hiergestallt gouf.

Dir wësst et, Dir hutt et gesot: Déi drastesch Moosname gi gelockert mat dësem Gesetz. Ech ginn also net drop an.

Nawell ass et esou, dass d'Mesuren a verschiddene Beräicher awer bestoe bleiwen. No vir bruecht gouf jo virun allem och an der Press, dass d'Masken am Transport an den 3G an de Spideeler, an de Fleege- an Altersheimer bestoe bleiwen. Dat sinn awer net déi eenzeg Secteuren, wou d'Mesuren en place bleiwen, och wann et déi sinn, déi am meeschten thematiséiert goufen.

Et schéngt mer, wéi wann de Centre pénitentiaire an och de Centre de rétention dach dacks vergiess ginn an eisen Debaten, an effektiv: An dësem Gesetz spigelt dat sech erëm. De Centre pénitentiaire an de Centre de rétention sinn net betraff vun dësen Lockerungen. Näischt ännert sech!

Fir mech seet dat ganz vill aus iwwer eis Gesellschaft an doriwwer, wéi mir mam Centre pénitentiaire an och mam Centre de rétention ëmginn. Bass de agespaart, bass de fort, bass de vergiess – domm gaang!

Och wann ech dovunner ausginn ...

*(Brouhaha)*

Sorry, ech gesinn et e weénege esou, a wann ech mat deene Leit schwätzen, déi do sinn a waren a sech ëm déi Leit këmmen, ass dat och dat Gefill, wat se hunn.

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

Ech soen Iech, dat ass dat Gefill, wat se hunn. Dir kënnt elo soen, dat wär net Är Intentioun. Dat wollt ech och elo soen. Ech wollt dat elo grad soen. Ech mengen effektiv, dass dat net esou geduecht ass, dass dat net als Strof geduecht ass. Mee gleeft mer, et gëtt esou wouergeholl! An ech mengen, dat mussen mir eis och unhéiere kënnen, wann déi Leit dat esou wouerhuelen. Ech hunn de Moien nach mat engem Här telefonéiert, dee sech ëm d'Prisonéier këmmert. Eh ben, si huelen dat esou op. Sorry, wann ech dat esou muss soen. Dat mussen mir awer och kënnen héieren.

D'Mënscherechtskommissioun freet an deem Zesammenhang, wéi eng Krittären da benotzt goufen, fir déi eng Strukturen anzuschléissen an déi aner Strukturen auszuschléissen. Et müssen objektiv an novollzéibar Krittären sinn, fir dass dës Mesuren, respektiv hir Ophiewung, kënnen verstane ginn an och kënnen akzeptéiert ginn. D'CCDH freet weiderhin no der Kohärenz an der Justifikatioun, firwat dann zum Beispill de Centre de rétention net Deel ass vun dësen Lockerungen. Dat selwecht gëllt natierlech och fir de Prisong.

Ech hat d'Ministesch och drop ugeschwat a si sot mer, et wär weéinst der Promiscuitéit, also de Fait, dass d'Leit immens dicht openeen sinn. Du sot ech hir: „Mee ech mengen, mir si jo awer och dicht openeen, wa mer ernaus danze ginn oder wa mer an engem volle Café sëtzen.“ Dunn huet si gemengt, do hätte mer de Choix, fir net dohinner ze goen. Ech verstinn dat Argument och, mee ech muss awer trotzdem soen, dass dat sanitär gesi fir mech kee groussen Ënnerschied mécht. Ech muss Iech éierlech soen: Mir stéisst dat batter erop! Dat Leed am Centre de rétention ass net ze beschreiwen an, wéi gesot, déi Leit, déi do isoléiert a bestrooft an ausgeschloss sinn, huelen dat och esou op.

Och am Prisong hunn déi restriktiv Moosnamen ëmsou méi en Impact op den Alldag an och op d'Moral vun de Prisonéier, well hinne jo schonn déi essenziell Fräiheete feelen. Dat heescht, déi Mesuren hunn net dee selwechten Impact op d'Leit bausse wéi op d'Leit banne vum Prisong. Deem mussen mir eis bewusst sinn an ech mengen net, dass iergendee vun eis schonn eng Kéier an engem Prisong oder an engem Centre de rétention souz. Dat heescht, mir kënnen eis dat warscheinlech schwéier virstellen. Mee wann déi Leit dat esou wouerhuelen, mengen ech, da mussen mir eis dat och kënnen unhéieren.

An ech fannen dee Choix wierklech dramatesch! Gleeft mer, et geet mer net drëms, déi flott Mir-hiewen-d'Covidmesuren-op-Stëmmung hei ze verdierwen, mee ech empfinden dat wierklech als Ongerechtegkeet.

Dat anert, wat mech markéiert, ass deen – duerch déi zrëckgewonne Rechter a Fräiheeten – Kontrast, dee mer jo awer erëm gesinn do, wou den 3G dann eeben och bestoe bleift. Am Fleege- an am Gesondheitswëssen ass den 3G nach ëmmer obligatoresch a sou, wéi ech dat verstanen hunn, gëtt et och keng Méiglechkeet, sech gratis ze testen, wat bedeit, dass déi Leit, déi dohinner schaffe ginn, dann eeben nach ëmmer mussen bezuelen, fir op hir Aarbecht ze goen. An och dat ass an eisen Aen, an dat wësst Der, eng Diskriminatioun.

Wann de CovidCheck-System souwiso opgehuewe gëtt an domat jo den Drock u sech bewusst ewechgeholl gëtt, fir dass d'Leit sech sollen impfe loosson – dat war jo u sech d'Iddi dovunner –, da froen ech mech, firwat mer dann net och deene Leit, déi an deenen essenziellen Beruffer schaffen, d'Méiglechkeet ginn, sech gratis testen ze loosson. Dat schéngt mir trotzdem eng onverhältnisméisseg Diskriminatioun ze si vun deene Leit, déi an deenen essenziellen Beruffer schaffen.

D'Mënscherechtskommissioun warnt dann och des Weidere viru gewëssene Flouen. Si ernënnert drun, dass all Aschränkung vu Rechter eng legal Basis brauch. An den Avis zitéiert d'Ministesch – ech zitéiere kuerz –: „L'organisateur d'un événement restera libre d'appliquer un régime de protection plus strict.“ A si freet – an ech ginn dës Fro dann eigentlech och weider –, wat genee dee Régime de protection ass, wat domadder kéint gemengt sinn.

Wat d'Masken ugeet, sou steet jo elo explizitt am Gesetz, dass een dierf eng Mask unhunn. Dat war jo och eng Diskussioun, déi de Conseil d'État erabruucht huet, dass een elo dierf eng Mask unhunn, fir dass et eebe keng Problemer mam Code pénal gëtt. Dat mécht jo dann och ganz vill Sënn. Mee ass et dann net esou, dass aner restriktiv Mesuren, déi kéinte geholl ginn, och eng legal Basis bräichten? Dat ass déi Fro, déi d'Mënscherechtskommissioun uschwätzt – sou verstinn ech se zumindest –, an ob net eventuell och eng Insécurité juridique kéint bestoen, wann dann elo zum Beispill en Organisateur vun engem Evenement nach méi Mesurë géif huelen, wéi déi, déi u sech en place sinn, ob dat net kéint Problemer mat sech bréngen, mat enger net existenter legaler Basis.

Eng aner Populatioun, déi an eisen Aen dacks benodelegt gouf bei de Covidgesetz an dann hei och elo net méi, dat sinn d'Kanner. Si hu jo an de Klasseäll misse méintlaang d'Masken unhale während Stonnen a Stonnen. Elo ass et jo esou, dass déi Maskefflicht dann opgehuewe gëtt mat dësem Gesetz – sou hunn ech et verstanen –, wat eis definitiv freet, wat mer wierklech begreissen. An ech froe mech awer, an déi Fro géif ech och weiderginn, ob d'Testpflicht bestoe bleift – ech weess elo net, ob d'Madamm Ministesch herno kann dorop agoen, well den Bildungsminister ass jo net do, mee ob een déi Fro kéint weiderginn – oder ob déi och opgehuewe gëtt. Well Dir sidd Iech all bewusst, dass dräimol d'Woch d'Kanner ze testen, notament am Spillschoulalter, extreem penibel ass fir déi Leit, déi dat mussen maachen. An dofir géif ech déi Fro ganz gär mat weiderginn, ob dann och envisagéiert gëtt, dat opzehiewen.

An da kommen ech net derlaanscht, d'Impfflicht unzeschwätzen, déi bekannterweis preparéiert gëtt. Elo hiewe mer jo hei e groussen Deel vun de Moosnamen op an dat gëtt jo och domat begrënn, dass mer an enger Situatioun sinn, wou mer u sech e Virus hunn, dee wéi eng normal Infektioun soll ugesinn a behandelt ginn. Ech mengen, dat ass och esou gesot ginn.



Natierlech ass et mer och kloer, dass dat den Ament ass, dass mer elo an där Situatioun sinn an dass mer vläicht an e puer Wochen oder Méint net méi an där Situatioun sinn an dass d'Impflicht fir den Hierscht geduecht ass. Dat ass mer kloer. Ech weess dat. Mee bis dohinner gëtt et nach ganz vill Inconnuen an och eng ganz Rei nei Elementer. Och dat wësse mer.

Een Element – an dat ass, mengen ech, och scho vir-drin hei genannt ginn, dat gëtt och ëmmer erëm vun der Gesondheitsministesch a vum Santésdirekter gesot –, dat sinn d'Medikamenter, déi ukomm sinn, déi amgaange sinn unzekommen an déi och agesat ginn. A mir kruten an der Kommissioun gesot, dass elo och géif gemonitort ginn an den nächsten Deeg a Wochen, wéi déi Medikamenter da wierken a wéi een Impakt dat op d'Spideeler huet.

An ech muss Iech éierlech soen, fir mech ass dat e ganz wichtegt Element an ech insistéiere ganz vill do drop. Ech hätt wierklech gär, dass och doriwwer rapportéiert gëtt, wéi den Impakt vun deene Medikamenter ass op d'Spideeler, well, ech zitieren och hei nach eng Kéier d'Menschrechtskommissioun, déi seet: „Toute restriction des droits humains doit être précédée de la mise en place de mesures moins restrictives.“ Bon, Dir wësst, wat dat heescht. Ech mengen, dass mer duerch de Fait, dass mer nei Medikamenter hunn, wierklech musse kucken, dass mer iwwer esou Elementer, iwwer esou Weeër, iwwer esou Méttelen eventuell ëmmer nach kënnen där Impflicht aus dem Wee goen. Dofir schéngt dee Monitoring mer ganz wichteg ze sinn.

Elo gëllt et dann, op jidde Fall an eisen Aen, fir d'éischt emol ofzewaarden an ze kucken, wat den Impakt vun deenen neie Medikamenter ass.

Mee wann ech awer elo den Experten nolauschten, déi eis an der Kommissioun hir Modeller an hir Zenario virgestallt hunn, da plange si – sou hunn ech et verstanen an och do géif ech ganz gare rektifizéiert gi wann ech Onrecht hunn –, am Mee mat der Impflicht unzefänken. Et ass dat, wat si proposéieren. Ech hu mer den Datum vum 15. Mee opgeschriwwen, mat engem grouse Fragezeichen. Vläch kann d'Ministesch herno nach eng Kéier do drop agoen. Dat wär an zwee Méint! Dat wär an zwee Méint! Wa mer wëssen, dass se an Éisträich elo mol hir Impflicht fir dräi Méint ausgesat hunn, well si am Moment d'Noutwendegkeet net agesinn ... Bon, wéi gesot, ech weess dass déi Impflicht, déi hei envisagéiert ass, och net fir den Ament ass, mee wann ech awer héieren, dass se Mëtt Mee soll agesat ginn, da wär ech frou ze wëssen, wéi genee deen Timing soll sinn a wéi genee dat da soll viru sech goen.

Wat genee dann elo esou eng Obligation vaccinale bréngt, do muss ee mech genee wéi d'CCDH nach ëmmer dovunner iwwerzeegen. Ech sinn nach ëmmer net iwwerzeegt. An och drop ugeschwat, wat dann am Endeffekt d'Zil vum Impfta ass, wéi een Impfta si wëllen erreeche bei der Population cible vun där Impflicht, krute mer gesot: 100 %! Do, muss ech soen, hunn ech wierklech och esou e Krees gemaach mat engem Fragezeichen, wou ech mech froen: Et ass dach en onrealistescht Zil – wat bréngt et, eis onrealistescht Ziler ze ginn, déi mer u sech mol net kënnen erreechen? Mir sinn haut bei 91,4 % bei den iwwer 60-Järege, wat d'Impfung ugeet. Ech froe mech wierklech, wat mer eis virstellen, wou mer hiwëllen. 91,4 % ass en Taux, vun deem mer viru Méint nach gedreemt hunn. Bon.

Ech halen op, iwwert d'Impflicht ze schwätzen. Dat ass net de Sujet, mee ech mengen, mir kommen net derlaanscht. Et ass e Sujet, deen am Raum steet an iwwert dee mer musse schwätzen. Mee deen Dossier wäert eis nach méi an deenen nächste Wochen a Méint beschäftegen a mir wäerten e kritesch begleeden, wéi Der wësst.

Zréck bei d'Covidgesetz: Wéi gesot, mir stinn dem Gesetz kritesch géintiwwer, mee mir wäerten et awer matdroen, well eebe ganz vill Lockerungen dra sinn.

Merci fir d'Nolauschten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Mammad Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. De Mëtteg ass jo e bëssen eng Ambiance heibannen, wéi wann d'Cremantstëpp sou lues géife fléien.

**Plusieurs voix** | O! O! O!

**Une voix** | Oo!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Loosst mech dach emol aushuelen. Dat war elo net negativ gemengt. Also guer keng Suerg, Här Arendt. Dat war guer net negativ gemengt.

**Une voix** | Cremant ass ëmmer gutt.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Genau. Cremant ass ëmmer gutt. Och mir Piraten wäerten dëst Gesetz haut matstëmmen. An och mir freeën eis natierlech op déi Lackerungen.

Ech muss awer och ganz kloer soen, dass mer an de leschten Deeg do vill Iwwerleeungen haten, ob et schonn den Zäitpunkt ass, fir déi eenzel Lackerungen anzegoen an dat och esou freedeg no baussen hin ze kommunikieren, well jo awer, wann een d'Nouvelles lauscht, elo mat deem neie Subtyp BA.2, dass deen 30 % méi infektiéis ass an dass den RKI gëschter gewarnt huet, ee sech awer kann d'Fro stellen, ob et schonn de Moment ass, fir alles opzehiewen.

Also, mir hu jo ëmmer gefuerdert, dass ee méi géif ophiwen. Elo ass d'Regierung eigentlech méi wäit gaange wéi dat, wat mir an deene leschte Covidgesetz gefuerdert haten. Dofir war och d'Entscheidung, fir haut dat Gesetz matzestëmmen, net ganz einfach, a mir hunn eis et och net einfach gemaach.

Et sinn d'Experten, déi en Dënschdeg, mengen ech, an der Kommissioun waren an de Rapport gemaach hunn, deen, muss ech soen, ganz propper a ganz seriö war. An déi Daten hunn eis och iwwerzeegt. Mir ginn net vun der schwéierster Variant aus, där Delta-kron-Variant, déi do erwänt ginn ass. Wann déi géif antrieden, musse mer esou oder esou nobesseren. Mee mir hunn unhand vun deenen Zuelen, déi se presentéiert hunn, decidéiert, dass mer an eng Situatioun kommen, dass mer kënnen déi Lackerungen do elo, zu dësem Moment, mat dëser Datelag, maachen. Dat dierf een an der ganzer Situatioun ni vergiesse: Et ass déi aktuell Datelag! Dobaussen héiert een heiansdo scho Leit, déi soen: „Et ass elo fäerdeg, dat kënnt net méi!“ Nee, et ass déi aktuell Datelag, déi et erméiglecht huet, dass een haut allegueren déi Restriktiounen zum gréissten Deel, bon, et sinn der nach am öffentliche Transport, mee zum gréissten Deel ophiift.

An do muss een och ganz virsiichteg sinn, souwuel d'Regierung wéi och d'Chamber oder jiddwereen, deen an der Effentlechkeet kommunikéiert, dass dat den aktuelle Moment ass, dass dat keng Garantie ass fir d'Zukunft. Den Här Lauterbach schwätzt jo ganz oft vun enger Summerwell. Anerer schwätzen dervun, dass et sech am Hierscht wäert zouspëtzen, wann eeben déi nei Variante kommen. An deementspriedend ass et op der aktueller Datelag.

Mir Piraten haten och laang intern Diskussiounen, ob mer net éischer fir eng Variant wäeren, wou ee gesot hätt, datt de CovidCheck bei groussen Eventer bleift, well mer dat änlech gesi wéi am öffentliche Transport. Grad wann ee keng Sëtzplazen huet, ass et awer

riskant. Mee mir droen awer trotzdeem och haut déi Lackerunge mat, well déi aner Punkten eis iwwerzeegt hunn. Mee sollt et sech schnell e bëssen zouspëtzen, wann déi nei Variant vun dem Omikron elo wäert dominant Zuele kréien, wéi dat jo elo an anere Länner virausgesot ginn ass, muss ee sécherlech och do ganz schnell kuerzfristeg nobesseren.

Fir op déi eenzel Punkten am Gesetz anzegoen: Do sinn der e puer, wou – kommt, mer nennen et handwierklech –, net onbedéngt déi beschte Variant gewielt ginn ass. Fänke mer do bei de Lëschten un, déi an de Betriber, de Gemengen an iwwerall bei de Patronen ugefärdet gi sinn. Och hei an der Chamber hu mer esou eng Lëscht do enne vum CovidCheck. Do ass et elo net ganz kloer am Gesetz gereegelt, dass déi muss geläscht ginn. An dat si ganz, ganz vill Daten. Dir verlooost Iech do op den EU-Schutz vum GDPR, wou mir Piraten awer net onbedéngt der Meenung sinn, dass ee sech nëmmen dorobber sollt verlossen. Mee et hätt een dat an dësem Text ganz kloer misse ervirhiewen, dass déi Lëschten elo ze läsche wäeren, wann de Betrib op de CovidCheck verzicht.

(Brouhaha)

Dat Zweet ass mat der Vermummung. Jo, do ass et e bëssen esou – an der Justizkommissioun kréie mer dat oft mat, a vläch hunn ech dofir och en anere Brëll, fir dat ze kucken –, dass dat doten elo handwierklech net onbedéngt ganz propper war mat der Vermummung. Also, do hätte mer eis awer gewënscht, dass dat vill méi kloer wier, well elo hu mer eigentlech den Effekt – an ech weess, do ware vläch Presseartikelen gëschter iwwerschnell –, dass eigentlech déi Leit, déi sech nach wollte schützen an de Supermarchéen oder soss enzwoosch, elo fäerten, dass se herno eppes Falsches maachen. An eigentlech sollt awer de Message vun der Politik sinn, dass et weiderhi ganz recommandéiert an akzeptéiert ass, wann ee seng Mask unhält, wann een akafe geet oder iergendzwoosch higeet. An net, dass een dann op eemol géint de Code pénal géif verstoussen! Dat hätt een handwierklech kënnen vill méi propper léisen. A mir hoffen, dass do och ganz schnell eng Léisung wäert kommen.

Déi Reegelen, déi fir de Prisong gëllen, akzeptéiere mer och. Do ass eeben d'Fro nach – an dat gouf vu Polizisten u mech erugedroen –, wéi et dann herno mat de Policebüro gereegelt ass. Wäerten déi herno och nach ënnert dem CovidCheck funktionéieren, well et jo awer eng änlech Clientèle ass? Ass och un d'Beamte geduecht ginn an de Policebüroen?

Mir begrëssen natierlech, dass d'Regierung elo op d'EEgeverantwortung vun de Leit setzt, fir sech weiderhin ze schützen. Mir hoffen, dat wäert awer och weiderhin esou bliwen, well an deene leschte Méint war dat net ëmmer de Fall. Wann ee gesot huet, d'Leit dierften op eemol no 23.00 Auer net méi raus oder aner Mesuren, da war do näischt ze héieren, dass een op d'EEgeverantwortung vun de Leit gesat hätt, fir sech weiderhin ze schützen, sief et mat Masken oder mat Desinfektioenen.

An dann déi quokeleg Fro, déi och d'Experten an der Kommissioun ugeschwat hunn, ech mengen, dat ass eigentlech eng Fro, wou mer als Chamber d'Leit dobaussen och missten drop virbereeden: Ech mengen, déi véiert Impfung wäert kommen, sief et, fir déi nei Varianten ofzedeecken oder fir d'Impfung géint déi aktuell Varianten iwwerhaupt ze verstärken. Well kuckt ee sech d'Zuelen un – an ech hat mer se extra nach eng Kéier erausgesicht –, déi d'Experten eis ginn hunn, esou geet den Impfschutz fir eng Transmissioun trotz Booster no fénnef Méint op 4 % erof, wat awer ganz fragwürdeg ass, wann een herno iwwerall fräi zirkuliere kann ouni déi eenzel Schutzmoossnamen. Dat heescht, mir



komme warscheinlech net derlaanscht, herno de Leit déi véiert Impfung ze recommandéieren, well mir Piraten jo nach ëmmer der Meenung sinn, datt et keng Impfpflicht dierf ginn. Mee da musse mer de Leit dat awer och elo ganz kloer kommuniquéieren. An net elo ...

(Brouhaha)

... heiansdo de Message iwweräifreg erausginn, dass d'Pandemie quasi eriwwer wär an ...

**Une voix** | Wie seet dat dann? Dat huet nach kee gesot!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Also, wann Der awer e bësse kuckt, wéi d'Messages dobausse verstane ginn an och déi Euphorie ...

(Brouhaha)

An, Dir verstitt, also ech hu verschidde Riedner virsiichteg fonnt, ech hunn aner Riedner manner virsiichteg fonnt. Ech mengen, dat war elo diplomatesch genuch ausgedréckt.

Mee mäi Message sollt sinn, dass mer de Leit net d'Kommunikatioun ginn, dass et eriwwer wär, mee dass se sech éischter virbereede fir nach eng Kéier eng Impfung am Hierscht, an dass dat e ganz wichtige Schrëtt ass. An dass mer och déi Leit am Boot behalen, déi sech vläicht elo net fräiwëlleg impfe waren – bon, ech war mech direkt bei Astra aschreiwen, mee et gëtt och där aner Leit –, dass mer déi awer am Boot behalen an deenen och ganz kloer soen: „Am Hierscht wäert warscheinlech nach eng Impfung kommen, fir dass mer duerch déi Well kommen.“

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Vizepremier a Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

(Brouhaha)

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Merci, Här President. Et ass déi 28. Kéier, wou mer de Rapport héieren hunn, a wéi gewinnt, ëmmer erëm ganz ausféierlech. E grouse Merci dofir.

Ech géif gären eng Kéier vun der Geleeënheet profitéieren ze soen, dass mer net 28 Covidgesetzer hunn, mee dass mer hei zu Lëtzebuerg e ganz spezifesch Covidgesetz, Pandemiegesetz en place gesat hunn, wat eebe fortlaufend, a Fonctioun vun der Situatioun, adaptéiert gëtt. Dat heescht, wa mer eis oft gesinn, dann ass et, well mer de parlamentaresche Wee gewielt hunn, fir d'Adaptatiounen hei ze beschwätzen an och hei e méiglechst grouse Konsens ze kréien.

(Brouhaha)

Mee et ass net esou, dass mer hei e Land wäeren, wou mer 28 verschidde Pandemiegesetzer gehat hätten. Mir hunn ee Sockel, an e groussen Deel vun deem Sockel bleift och en place. Ech si frou, dass dat och begréisst gëtt hei.

D'Pandemie ass net eriwwer. Dat kann net oft genuch ënnerstrach ginn. An ech mengen, et ass eis Pflicht allegueren, wann dat méssverstane gëtt – mam Effet vläicht och vum Fréijoer, dat dobaussen ass –, dat ze berichtegen a vläicht och op d'Leit anzewierken an ze erklären, wéi et wirklech ass.

Mir hunn eng Faktelag, déi grouss Schrëtt a Richtung Normalitéit erlaabt, eiser Aschätzung no. Mee dat bedeit net, dass et eriwwer ass. Dat bedeit net, dass mer kënnen eis Opmierksamkeit ofwende vun deem heiten Dossier, well wa mer d'Experte lauschten, wësse mer, dass mer musse preparéiert bleiwen, spëtstens

fir den Hierscht, vläicht och virdrun. Villes ass eeben net gewosst zu dësem Zäitpunkt.

Wéi grav déi ganz Pandemie war, ech mengen, dat stellt haut kee méi a Fro. Mir sinn hei bei eis am Land bei dem dausendsten Doudegen ukomm, dee gezielt ginn ass. Wann Der haut d'Aktualitéit liest, wësst Der, dass d'Schätzungen international an d'Richtung gi fir ze soen, dass d'Däischerziffer ganz grouss ass. Mir hunn hei e relativ gudden, komplexe Reporting-system en place. Dat ass warscheinlech net an alle Länner de Fall. An d'Experte ginn haut dervunner aus, dass déi reell Zuele wäit iwwert deem leien, wat offiziell zum Deel kommuniquéiert gëtt.

D'Indicateure stinn op gréng. Ech géif gären nach eng Kéier rappéléieren, dass den Haaptindicateur dee vun de Spideeler ass, an deen ass fiabel, wéi och ëmmer d'Inzidenze variéieren. Déi sinn natierlech tributär vun den Tester, bei eis wéi och an deenen anere Länner. Dat mécht dofir de Verglach schwierig. Dat, wat eis interesséiert, ass d'Entspannung an de Spideeler. Dat ass e ganz kloer Indicateur, dee litt net. Do gesi mer am Fond geholl de Reflet vun de schwéiere Verleef. An déi schwéiere Verleef, dat ass dat, wat eis vun Ufank u Suerg gemaach huet, dass mer där ze vill beienee krite an domadder e Stau an eise Spideeler kéinte provozéieren.

Haut, et ass scho gesot ginn, si mer gutt: Mir hunn haut nach dräi Leit op der Intensivstatioun. Dat sinn der nach ëmmer dräi ze vill, kann ee soen, mee gutt, déi Krankheet wäerte mer net ganz lassginn. Et gëtt och aner Krankheeten, déi d'Leit an d'Spidol bréngen. Op jiddwer Fall ass eng Entspannung do, eng Récklee-fegkeet, déi mer eis erwaart hunn an déi mer wollte kloer feststellen, fir deen heite Schrëtt ze huelen.

(Brouhaha)

Ech géif vläicht eng Kéier ganz kuerz agoen op déi Mesuren, déi nach en place bleiwen. Et ass gefrot ginn: Wat ass de Rationell dohanner? Déi Plazen, wou am Moment nach Schutzmesurë bleiwen, si Plazen, wou an eisen Ae Leit sinn, déi nach eng gewësse Protektioun brauchen. Firwat? Dat ass an den Altersheemer an an de Spideeler evident fir jiddwereen, mengen ech, well mer wëssen, dass mam Alter oder mat der Krankheet méi eng grouss Ufällgekeet ass fir de Virus. Dat heescht, do hätte mer gären e verstärkte Schutz an och eng verstärkte Solidaritéit.

Am ëffentlechen Transport ass et vläicht méi komplizéiert ze verstoen. Mee och do gëtt et eng Ursach. Et gëtt Leit, déi sinn nun emol ugewisen op den ëffentlechen Transport. A mir hätte jo och gär, dass d'Leit dee benotzen an hirem Alldag. A wann een am ëffentlechen Transport ass an et ass een eng vulnerabel Persoun, huet een eeben net de Choix, sech deenen anere Leit ze entziehen. Do si Situatiounen, wou een iwwer e laangen Zäitraum dann awer an engem Kontakt ass. An do si mer der Meenung, dass dës Solidaritéit nach soll oprechterhale bleiwen, dass een do och nach e gewëssene Schutz soll behalen.

Dat selwecht gëllt och am Centre pénitentiaire. Do huet och kee sech erausgesicht, dohinner ze goen. Déi Leit sinn, wa se bis condemnéiert sinn, eeben op enger Plaz zesummen op engem Raum, liewen zesummen a sinn deemno och méi staark exposéiert, wéi wann ee sech méi fräi ka beweegen. Dat ass mat der Situatioun vum Emprisonnement verbonden. An och do si mer der Meenung, dass mer sollen – justement well mer do eeben déi eng oder déi aner Clusteren haten a gesinn hunn, wéi schnell et ka geschéien – nach Screeningmesuren en place halen. Dat ass zum Schutz vun dese Leit, dat ass keng Strof. Dat ass net, fir si ze epingléieren. Mee et ass eebe justement aus sanitäre Consideratiounen eraus, wou mer dat nach wëllen oprechterhalen.

Covid ass net eriwwer, d'Pandemie ass net eriwwer an d'Aarbechte bei eis sécherlech och net. Mir wäerte verstärkt weider sensibiliséieren fir d'Geste-barriären. Déi si wichtig, déi bleiwe wichtig. De Virus ass net fort. An déi Leit, déi besonnesch exposéiert sinn, och wann dat der manner sinn duerch deen Impftaux, dee mer mëttlerweil hunn, bleiwen awer Leit, déi vu sech aus eeben net déi Immunitéit hunn, déi se bräichten, fir hei gutt geschützt ze sinn. Si bleiwe weiderhin a Gefor. An dofir ass d'Sensibilisatioun weider nach gefuerdert. A mir wäerten dat och maachen.

Dat selwecht gëllt fir d'Impfcampagne. Ech géif do gären ënnersträchen, dass mer déi Moyenen, déi mer hunn, zu all Moment ëmmer sou flexibel an esou effikass wéi méiglech probéiert hunn anzesetzen. Och dat ass elo nees de Fall. Et mécht effektiv kee Sënn, en Zentrum opzehalen, wa ganz wéineg Leit nach do passéieren. Dann ass et an eisen Aen definitiv méi schlau, erëm op d'Busser eriwwerzegoen, déi mer flexibel kënnen an den Asaz bréngen. Ech hat Iech et anannonciéiert, mir hunn eng nei Campagne geplangt. Et deet mer leed, wann dat ni esou kloer eriwwerkënn, wann ech et erklären an der Kommissioun, mee mir schaffen elo natierlech och nees un enger gezielter Impfcampagne – déi ass annonciéiert –, déi eebe justement méi gezielt soll sinn. Dofir maache mer d'Analys vun den Date fir ze gesinn, wien déi Leit sinn, déi nach net geimpft sinn, fir och si nach eng Kéier ze errechen. Dat sinn Aarbechten, déi bei eis lafen.

Dann, ganz wichtig: preparéiert sinn. Mir schaffe weider. De Contacttracing bleift natierlech och en place. Mir sinn erreechbar fir d'Leit. An am Moment hu mer och ganz vill Aarbecht mat der Evaluatioun vun eiser Krisegestioun. Mir hunn eng vergläichend Etüd lafen iwwert d'OECD, wou mer eeben och sou vill wéi méiglech Informatiounen mussen eraginn. Mir si ganz staark dorunner interesséiert ze wëssen, wat da mat engem kritesche Bléck vu bausse bei eis gutt gelaf ass, wat vläicht net esou gutt gelaf ass. Och do erwaarde mer eis Opschloss fir d'Zukunft, wéi een dat ka besser maachen, wéi een et kann anescht maachen.

D'Recherche ass och ganz vill gefuerdert, dat ass hei e puermol ugeschwat ginn. Natierlech interesséiert et eis: Wat huet dann elo gewierkt a wat net? All d'Länner haten ënnerschiddlech Mesuren en place. Do lafen och Etüden, déi mer ganz enk suivéieren. Mir hunn hei relativ kleng Zuelen. Et ass ganz schwéier, aleng fir Lëtzebuerg Réckschlëss ze zéien, mee et lafen awer international op europäeschem Plang Aarbechten. Do kommen ëmmer nei Fuerschungsergebnisse, wou d'Effete vun deenen eenzelne Mesuren evaluéiert ginn. An dat sinn och alles Aarbechten, déi mer natierlech mat ganz vill Interessi suivéieren.

D'Pandemiegesetz, wéi gesot, ech ginn net méi drop an. Mir waarden d'Evaluatioun of. Mir sinn der Meenung, dass ee sech soll seriö Zäit huelen, fir dat ze evaluéieren, wat ee gemaach huet, och Léieren zéien aus deem, wat ee gemaach huet, a probéieren ze verstoen, wat anerwärts besser war.

Wat elo d'Pandemiegesetzgebung ugeet, dat ass eppes, wat mech vill interesséiert huet, och am Ufank vun der Pandemie. Ech hu perséinlech nach keent gesinn, wou ech elo gesot hätt: „Dat doten ass et, dat doten huele mer 1:1.“ Ech muss och feststellen, dass hei nach keent zitéiert ginn ass. Et gëtt vill gefrot, mee esou dat perfekt Beispill vun engem Pandemiegesetz, dat an där heiter Zäit wonnerbar funktionéiert hätt, mengen ech, huet och nach keen ënnert der Hand. Dofir ëmsou méi ass den internationalen Echange och hei wichtig fir ze gesinn, wéi esou eppes ka juristescht opgestallt ginn, fir esou flexibel wéi méiglech ze sinn.





Nieft den Experten an de Fuerscher, déi déi Kris hei wäert beschäftegen – och réckbléckend, fir d'Analysen –, ass de Moment do fir den Einzelnen, fir an d'Ee-gewerantwortung eriiwerzegoen. Dat ass dat, wat ech haut wëll ënnersträichen. Et ass d'Veantwortung, déi gefrot ass. Mir sollen net Angscht hunn, Angscht bréngt souwisou näischt! Mee Verantwortung ass dat, wat gefrot ass.

Mir hu vill geléiert an där Pandemie. Jiddweree weess entre-temps, wat d'Geste-barrière sinn, wéi ee sech ka schützen, an et gëllt elo wierklech, dat ze verinnerlechen a fir sech selwer och anzesetzen. Ech hunn et virdrun erwänt: Leit, déi vulnerabel sinn, duerch eng méi schwach Immunitéit, déi se vun Natur aus hunn an och duerch den Alter, déi bleiwen exposéiert fir e schwéiere Verlaf. Et gëllt fir si, och opzepasst, wou se higinn. Jiddwereen huet haut d'Moyenen, sech ze schützen iwwer säi Verhalen, verschidde Plaze vläicht ze evitéieren, wou ze vill Leit beienee sinn, wann et geet.

An och ëmgedréit den Appell u jiddwereen, op dës vulnerabel Leit opzepasst. Et si ganz einfach Saachen, wat een och an eise Recommendationen gebietsmilienaar erëmfënnt. Wann ee krank ass, soll ee sech ewechhale vun de Leit, fir net onnéideg Infektiounen weiderzeginn, do, wou een dat eebe kann evitéieren.

An och hei nach eng Kéier d'Wichtigkeet vun der Impfung, et kann net oft genuch gesot ginn! Wa mer do sinn, wou mer haut sinn, dann ass dat, well ganz, ganz vill Leit dës Geste de solidarité wouergeholl hunn. An dat brauche mer och an den Hierscht eran.

Niewent Verantwortung brauche mer awer och e Bewosstsinn, dass mer villes nach net genau wëssen. Dat muss ee kënnen akzeptéieren. Mir wëssen net genau, wat eis erwaart an deene kommende Méint. Do fir muss mer och op d'Wëssenschaft vertrauen, mer müssen drop vertrauen, dass mer vusäit vun der Regierung schnell wäerten handeln, wann dat da muss sinn, wann iergendeppes sech undeit. Et weess een haut net mat Sécherheet, wéi laang deen Impfschutz

wäert gëllen, wéi staark e wäert gëllen, ob e fir zukünfteg Variante wäert spillen oder net. Alles dat muss mer kënnen akzeptéieren, dass nei Erkenntnisser kommen an dass mer ons eventuell erëm eng Kéier mussen flexibel upassen. Dat soll ons d'Laun elo net trüben. Et gëtt genuch Saachen, déi eis d'Laun am Moment trüben.

Pandemiesméisseg ass et e Moment vun der Entspannung. Mat där néideger Verantwortung misst dat kënnen goen.

Mir bleift also, mech och weiderhin unzeschléissen un déi vill Mercien, déi ausgeschwat gi sinn un all d'Bierger an d'Biergerinnen, déi matgemaach hunn, déi vill Efforte gemaach hunn, all déi Leit, déi geschafft hunn un der Front, an hirem professionellen Ëmfeld – an och benevoll, där sinn der och ganz vill am Asaz gewiescht an nach am Asaz.

Et bleift eis alleguerten zesummen ze hoffen, dass dës dee leschte Schrëtt a Richtung Normalitéit ass, eng lescht Etapp. Dat ass dat, wat mer eis alleguerte wënschen: Dass mer dat heite Kapitel kënnen ofschléissen.

An domadder géif ech Iech alleguerte Merci soe fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Vizepremier a Gesondheitsminister, der Madamm Paulette Lenert. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Ier mer zum Vott kommen, wollt ech drun erënnere, datt ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kënnen mat ofzestëmmen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7971. Den Text steet am Document parlementaire 7971<sup>e</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7971 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Max Hengel (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir de 15., 16. a 17. Mäerz virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 15.10 heures.)*

## 42<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

### Sommaire

- Ouverture de la séance publique ..... p. 20**  
M. Fernand Etgen, Président
- Communications ..... p. 20**  
M. Fernand Etgen, Président
- Ordre du jour ..... p. 21**  
M. Fernand Etgen, Président
- Discours de M. le Président de la Chambre des Députés ..... p. 21**  
M. Fernand Etgen, Président
- Déclaration de Mme Roberta Metsola, Présidente du Parlement européen ..... p. 21**  
Mme Roberta Metsola, Présidente du Parlement européen
- Séance de questions et de réponses ..... p. 22**  
M. Gilles Baum | Mme Roberta Metsola, Présidente du Parlement européen | M. Claude Wiseler (intervention de M. Michel Wolter) | Mme la Présidente Roberta Metsola | M. Yves Cruchten | Mme la Présidente Roberta Metsola | M. Fernand Kartheiser | Mme la Présidente Roberta Metsola | Mme Stéphanie Empain |

- Mme la Présidente Roberta Metsola | Mme Myriam Cecchetti | Mme la Présidente Roberta Metsola | M. Sven Clement | Mme la Présidente Roberta Metsola | M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance
- 7538 – Projet de loi relative à la facilitation dans le domaine de l'aviation civile ..... p. 26**  
M. Sven Clement | M. Gilles Roth | M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | M. Gilles Roth | M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance  
Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Chantal Gary  
Discussion générale : M. Aly Kaes | M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | Mme Myriam Cecchetti | M. Jeff Engelen | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics  
Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
  - Désignation d'un candidat pour un poste de conseiller d'État ..... p. 27**  
M. Fernand Etgen, Président
  - Dépôt d'une résolution par M. Gilles Roth ..... p. 27**  
Exposé : M. Gilles Roth (intervention de M. Fernand Kartheiser)



## 10. Heure d'actualité du groupe politique CSV sur l'approvisionnement et la sécurité énergétiques au Luxembourg et en Europe ..... p. 28

Exposé : M. Paul Galles

Débat : M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | Mme Jessie Thill (dépôt de la motion 1) | M. Fred Keup (dépôt de la motion 2) | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen (intervention de M. Fernand Kartheiser) (dépôt de la motion 3)

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie (intervention de M. Sven Clement) | M. Gilles Roth (parole pour fait personnel) | M. le Ministre Claude Turmes (intervention de M. Marc Spautz) | M. Marc Goergen (parole après ministre) (intervention de M. Sven Clement) | M. le Ministre Claude Turmes | M. Claude Wiseler | M. le Ministre Claude Turmes

Motion 1 : M. Paul Galles | M. Sven Clement | Mme Myriam Cecchetti | M. Fred Keup (intervention de M. le Ministre Claude Turmes) | M. le Ministre Claude Turmes | Mme Jessie Thill

Vote sur la motion 1 (adoptée)

Motion 2 : Mme Jessie Thill | M. Marc Goergen

Vote sur la motion 2 (intervention de M. Gilles Baum) (rejetée)

Motion 3 : Mme Jessie Thill | M. Fred Keup (intervention de M. Sven Clement) | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Vote sur la motion 3 (rejetée)

## 11. Résolution de M. Gilles Roth relative à l'instauration d'une commission spéciale destinée à suivre tous les aspects relatifs à la flambée des prix énergétiques, ainsi que son impact économique et social ..... p. 39

Discussion générale : M. Gilles Baum | M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Gilles Baum) | Mme Josée Lorsché | M. Yves Cruchten | M. Marc Goergen (interventions de M. Dan Kersch et M. Sven Clement) | M. Gilles Roth (intervention de M. Dan Kersch) | M. Marc Goergen (parole pour fait personnel) (interventions de M. Dan Kersch, M. Sven Clement et M. Gilles Baum) | M. André Bauler

Vote sur la résolution (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Marc Hansen et M. Claude Turmes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.34 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen, Président** | J'ouvre la séance publique.

## 2. Communications

J'ai les communications suivantes à transmettre à la Chambre des Députés. La liste des questions parlementaires ainsi que des réponses a été déposée au bureau. La liste des projets de loi qui ont été déposés depuis la dernière séance publique a été distribuée. La liste des pétitions qui ont été déposées depuis la dernière séance publique a également été distribuée.

### Communications du Président - séance publique du 15 mars 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

7971 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 08/03/2022

7972 – Projet de loi portant modification :

1<sup>o</sup> du Code de procédure pénale ;

2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ;

3<sup>o</sup> de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale ;

4<sup>o</sup> de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme ;

5<sup>o</sup> de la loi modifiée du 10 juillet 2020 instituant un Registre des fiducies et des trusts

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 08/03/2022

7973 – Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension de la station d'épuration de Luxembourg-Beggen

Dépôt : Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 08/03/2022

7974 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 09/03/2022

7975 – Projet de loi relative aux exigences en matière d'accessibilité applicables aux produits et services

Dépôt : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 10/03/2022

7976 – Projet de loi portant modification de :

1<sup>o</sup> la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;

2<sup>o</sup> la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance

Dépôt : M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes, le 10/03/2022

7977 – Projet de loi 1<sup>o</sup> relative au droit à l'enseignement et à l'obligation scolaire ; 2<sup>o</sup> portant modification de la loi modifiée du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel ; et 3<sup>o</sup> portant abrogation de la loi modifiée du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire

Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 10/03/2022

7978 – Projet de loi portant création d'un lycée à Luxembourg et modification de la loi du 17 décembre 2021 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022

Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 10/03/2022

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2260 – Demande de pétition publique : Indexation automatique des salaires

Dépôt : André Thévenin, le 08/03/2022

2261 – Demande de pétition publique : Baisse des frais d'enregistrement et de transcription de 7 % à 4 % pour toutes ventes de biens immobiliers destinés à des fins d'habitation au Grand-Duché de Luxembourg

Dépôt : Albert Toussaint, le 08/03/2022

2262 – Demande de pétition publique : Adaptation du barème des frais de déplacement et des frais de route suite à l'explosion des prix du carburant

Dépôt : Philipp Bützow, le 08/03/2022

2263 – Demande de pétition publique : Fahrkosten-Erhöhung durch den Arbeitgeber wegen der dauernd ansteigenden Benzinpreise

Dépôt : Vicky Rosenfeld, le 08/03/2022

2264 – Demande de pétition publique : Obligation pour les communes et l'État de faire un diagnostic amiante de tous les bâtiments publics (écoles, salles de sport, piscines, administrations...)

Dépôt : Carmen Rivoldini, le 09/03/2022

2265 – Demande de pétition publique : Installatioun vu fixen oder mobille Radaren an der Zone 30

Dépôt : Jean-Marie Hermes, le 09/03/2022

2266 – Demande de pétition publique : Aussetze vun der CO<sub>2</sub>-Steier op de Pétrolsproduite während der Ukrainkris

Dépôt : David de Dood, le 09/03/2022

2267 – Demande de pétition publique : Baisse provisoire du prix des carburants par le biais d'une suspension de la perception des accises et/ou de l'application d'un taux TVA intermédiaire, voire d'un taux TVA réduit

Dépôt : Gilles Barbabianca, le 09/03/2022

2268 – Demande de pétition publique : Aféiere vu syntheteschem Pétrol op den Tankstellen zu Lëtzebuerg / Pétrole synthétique aux stations-service du Luxembourg

Dépôt : Davide Savini, le 09/03/2022

2269 – Demande de pétition publique : Détaxation du gazole et autres carburants aux pompes

Dépôt : Nathalie Munier, le 09/03/2022

2270 – Demande de pétition publique : Favoriser le télétravail et renégocier les accords avec les pays frontaliers pour parer à l'explosion du prix des carburants

Dépôt : Stanislas Krzyszton, le 09/03/2022

2271 – Demande de pétition ordinaire : Petitioun – Senkung TVA op Mineralueleg

Dépôt : Sven Rock, le 09/03/2022

2272 – Demande de pétition publique : Tarifs de Post proportionnels au poids du colis

Dépôt : Edgar De Faria, le 10/03/2022

2273 – Demande de pétition ordinaire : Pétition de rémunération totale congé parental femme Luxembourg

Dépôt : Sofia Narciso, le 09/03/2022



2274 – Demande de pétition publique : *Aufhebung der CO<sub>2</sub>-Steuer zur Senkung der Tankpreise*

Dépôt : Rob Leclerc, le 10/03/2022

2275 – Demande de pétition publique : *Autorisation du port d'une visière fumée/noire*

Dépôt : Rui Pedro Brandão de Sousa, le 10/03/2022

2276 – Demande de pétition publique : *Ein Sportkommis-sar für Luxemburg*

Dépôt : Marc Kintgen, le 10/03/2022

2277 – Demande de pétition publique : *Droit à l'euthanasie. Permettre aux personnes en fin de vie de mourir digne-ment*

Dépôt : Gabriel Fersino, le 10/03/2022

2278 – Demande de pétition publique : *Réintroduction du service militaire obligatoire luxembourgeois*

Dépôt : Alexandre Holzem, le 13/03/2022

2279 – Demande de pétition publique : *Anerkennung aus-ländischer Zeugnisse, die keine Hochschulabschlüsse sind*

Dépôt : Rebecca Striewski, le 14/03/2022

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Adminis-tration parlementaire.)

### 3. Ordre du jour

L'ordre du jour modifié proposé par la Conférence des Présidents vous a été transmis. Est-ce que la Chambre y donne son accord ?

(Assentiment)

L'ordre du jour est adopté.

### 4. Discours de M. le Président de la Cham-bre des Députés

Madame la Présidente du Parlement européen, chers collègues, Messieurs, Mesdames, c'est un honneur pour moi de vous accueillir ici au Luxembourg, l'un des sièges des institutions européennes.

Votre présence montre l'importance que vous attachez au dialogue avec les parlements nationaux de l'Union européenne dans le droit-fil de votre rôle antérieur en tant que première Vice-présidente du Parlement européen.

L'inclusion, le respect de la diversité des positionnements politiques, le débat et l'ouverture à l'autre sont à la base de toute coopération politique efficace. La qualité de la législation européenne dépend sans aucun doute d'un dialogue constant et efficace avec les parlements nationaux. À la Chambre des Députés, nous pensons que la reconnexion avec les citoyens passe aussi et surtout par les parlements nationaux. Les parlements nationaux, hauts-lieux de la démocratie et du dialogue citoyen, sont un gage pour un meilleur ancrage des politiques européennes.

Madame la Présidente, l'Europe a besoin de se rapprocher encore davantage de ses citoyens ! La construction de la maison européenne ne pourra se poursuivre sans une plus grande implication des citoyens. Nous, parlementaires, sommes les mieux placés pour témoigner de cette nécessité de proximité.

Consciente de l'importance de débattre des sujets européens avec les citoyens, la Chambre des Députés a lancé une campagne nationale dans le cadre de la Conférence sur l'avenir de l'Europe. Notre approche n'a pas été d'expliquer l'Europe aux citoyens, mais d'être à leur écoute et, avant tout, de leur donner la parole.

Le 1<sup>er</sup> mars, la Chambre des Députés a débattu des résultats de sa campagne lors d'un débat d'orientation

en séance publique. Nous avons voté une résolution dans ce contexte. C'est en transmettant, au niveau européen, le rapport ayant découlé de nos travaux que nous avons essayé de jouer un rôle de catalyseur pour rapprocher les citoyens et les institutions européennes.

Ces rencontres ont permis de relever les priorités des résidents luxembourgeois, à savoir leur attachement aux principes de la libre circulation, la réduction des inégalités et l'importance de l'Europe sociale, et le renforcement de la politique étrangère commune. Finalement, les citoyens se sont majoritairement exprimés contre l'écoblanchiment, le « greenwashing » prévu dans le cadre de la taxonomie verte de l'Union européenne, notamment la classification de toute activité nucléaire comme étant durable.

Nous continuerons à suivre ce processus avec attention.

Madame la Présidente, plus que jamais, il s'agit de comprendre les inquiétudes légitimes des citoyens, de les écouter et de prendre au sérieux leurs malaises. Il ne faut pas les pousser dans les bras de ceux qui les captivent avec des thèses simplistes et dangereuses. Ne laissons pas les populistes exploiter les peurs les plus profondes des gens.

Nous devons, pour cette raison, continuer à respecter l'État de droit, une justice indépendante et la liberté des médias. Ne tolérons donc pas l'érosion de nos systèmes des droits fondamentaux et l'ascension de populismes remettant en question la construction européenne, des populismes se nourrissant du renforcement des inégalités économiques et sociales en raison de la pandémie de Covid-19 et des peurs des gens.

Nous avons l'obligation de combattre les discours de haine qui se multiplient.

Madame la Présidente, alors que votre mandat vient de débuter, le monde est confronté à une autre épreuve. La pandémie qui nous frappe depuis deux ans n'est pas encore terminée. Le changement climatique s'accélère. Et voilà une guerre qui éclate en Europe !

Avec l'invasion russe en Ukraine, Vladimir Poutine a porté un coup énorme. Cette guerre d'agression cause une misère humaine intolérable. Il s'agit également d'une attaque contre nos valeurs et notre sens démocratique.

Mais je garde espoir, malgré tout, en voyant partout dans les États membres une véritable réponse commune, une réponse européenne déterminée et claire. J'admire le courage du peuple ukrainien face à un adversaire ayant une ambition de puissance mondiale. Cela me rend triste en même temps.

Je ne suis pas sans ignorer le formidable engagement du Parlement européen à cet égard. La Chambre est tout aussi mobilisée.

Madame la Présidente, aujourd'hui, nous sommes confrontés à de nombreux défis et à un nouveau contexte d'incertitudes. Mais je garde confiance. La démocratie vaincra ! Nos valeurs prévaudront sur la violence. La politique par la force ne fait que détruire. À l'inverse, l'Europe offre des perspectives d'avenir à ses membres et à ses partenaires. J'ai confiance en notre volonté politique européenne commune. Pour cette raison, je suis convaincu que nous pouvons encore faire beaucoup plus ensemble.

Le Parlement européen détient plus que jamais les clés du destin politique de l'Union européenne. Nous comptons sur vous, comme vous pouvez compter sur nous. Continuez à transformer en réalité, mais aussi à défendre, les valeurs européennes que nous partageons tous.

Madame la Présidente, Mesdames et Messieurs, je vous remercie de votre attention.

Je vais céder la parole à Madame Roberta Metsola, Présidente du Parlement européen. S'il vous plaît.

### 5. Déclaration de Mme Roberta Metsola, Présidente du Parlement européen

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | Monsieur le Président, Mesdames et Messieurs les Députés, aussi mes collègues Députés européens, Monsieur le Secrétaire général, chers collègues, ladies and gentlemen. More than Europe owes so much to Luxembourg, from lessons learned from an Economic Union between Belgium and Luxembourg in 1921 through to the Luxembourg compromise in 1966 to resolve the empty chair crisis which had caused the stalemate within the European Economic Community, from hosting the European Parliament's first own hemicycle in 1973 through to organizing the first conference of national parliament presidents in 1981, from the adoption in Luxembourg of the 1975 Patijn report that paved the way to direct elections for the European Parliament through to lifting border restrictions.

Luxembourg has always played a leading part in championing European integration and European democracy. And today, Luxembourg still plays a fundamental leading part in knowledge sharing on integration and on compromise finding in our European Union. And for this, I wanted to start by saying as President of the European Parliament, I thank you!

The European Parliament places a great emphasis on cooperation between parliamentarians both within the European Union and internationally. And this is why our meeting today is so important. National parliaments within the European Union have an institutional role in the concertation on European Union legislation. But there are also so many more possibilities for exchanges and debates and cooperation between parliaments such as yours and the European Parliament.

I'll give you a few examples: This week, the European Parliamentary Week is taking place in the European Parliament in Brussels, and this has brought both MEPs and national members across the EU together to discuss the European Semester. Last Friday, the 4<sup>th</sup> of March, I organized a meeting between the speaker of the Ukrainian Parliament, the Verkhovna Rada, and representatives of all EU national parliaments, in which the Vice Speaker of this Chamber of Deputies, Miss Djuna Bernard, took part.

I would like to build on such exchanges. These are more than just useful, they are proof of what a vibrant democracy looks like and how a vibrant democracy should work. And I would like to continue to hold this kind of meetings, so that we can repeatedly respond, as we did with the Verkhovna Rada, to sensitive and evolving situations.

Si aujourd'hui la paix et la fraternité entre nos peuples de l'Union européenne sont assurées, nous le devons pour une grande part à un homme des frontières : Robert Schuman. Né en 1886 à Clausen, ici tout près de Kirchberg, ce Luxembourgeois-né, ce grand Européen, nous le reconnaissons comme l'un des pères fondateurs de notre projet européen pacifique.

But I ask you: What would Robert Schuman think about Europe today? It is now twenty days since Putin's Russia has invaded Ukraine. Shelling continues, Ukrainians who never trained before are being trained to fight, are taking up arms, and millions have been forced to flee. So today, what we have in Europe, is that Europeans are experiencing crimes of war.



A month ago, a little bit more, I would have told you: "I know little about the Ukrainian town of Mariupol." Now, it is the name of a town that we will never forget. The recent Russian bombs on Mariupol have left many of its residents, if not dead, in atrocious conditions without water, power or heating.

And while the shelling of a maternity ward and children's hospital is an act of pure evil, that ultimately sums up the nature of the threat that we face today. We thought ourselves secure in peace. But Putin's invasion of Ukraine has shattered peace in Europe – something that we would have thought unimaginable! It has changed everything as we know it. And our response must be proportionate to the serious, real and growing threat to our collective security.

Au lendemain de la Seconde Guerre mondiale, alors que l'Europe sort d'une crise épouvantable, Robert Schuman propose que les Européens construisent un dialogue entre les peuples. Au sortir d'une crise, il propose qu'on unisse.

That's what we did then and this is what we are doing today. We are pulling out of a terrible crisis, the Covid pandemic, and yet, in spite of this, we have found strength and we have found unity. And we stand united as a European Union built out of dialogue between people rooted in common values and built on democracy.

Last month, Eurobarometer figures again featured top scores for Luxembourg, when it comes to believing in the European Union. You and your citizens believe in Europe.

But let us pause to reflect on the fact that the actions that we have led in the past twenty days – our massive unprecedented economic sanctions, our provision of military equipment to Ukraine, our rallying together, our welcoming of those who are fleeing tanks –, we have done them not just for ourselves, not out of conceit for our project, we have done them because we also stand united with the Ukrainian people.

And we also stand united with people in Russia who have come down to the streets, in spite of threats, in spite of aggression and repression, to voice their opposition to a war that will ruin. And we count on those individuals too! They are also on the right side of history, because they are the ones that can make a difference to how this world might develop.

In 1950, Robert Schuman boldly suggested that Europeans should bring their dearest resources together under one community. At the time, it was coal and steel. In 2022, as we seek to reduce our resource dependency on the Kremlin, what bold solutions can we find for resources that we hold dear today, namely gas or coal and oil? One thing we know for sure – and time is running out for this assessment –, is that we must reassess, as Europe, our role in a new world.

Europe managed, after the crisis of World War II, to pull together a Coal and Steel Community. And in fact, this year, we mark 70 years, since the European Coal and Steel Community established its initial institutions, including the European Parliament, here in Luxembourg. It was a stepping stone towards the European Union of today.

Our Europe knows no big and no small states. I can never repeat this enough: We are only as big as our ideas. And that is the beauty of our project.

Now we will soon conclude on our Conference on the future of Europe, and this experiment in participatory democracy needs to be taken seriously. But beyond parliamentary democracy, it is an opportunity to listen to our citizens, in particular of Europe's younger

generation being heard. It will be our institutional responsibility to jointly translate the proposals made into concrete action, while also taking into account the European Union's renewed impetus for unity in the face of aggression against our values of democracy. Because we are at a time when Europe needs to show resolve and ambition.

Luxembourg, like all member states, must play a key role in our response to the invasion of Ukraine. We did not choose this war, nor did we provoke this invasion. We did not choose this war, nor did we provoke this invasion. But how we react now to defend our European values, is decisive.

Firstly, Europe needs to reduce its dependency on the Kremlin for its energy needs. It is simply unacceptable for Europe to indirectly fund the bombs that are raining down on Ukraine! And our future must be towards a future of zero gas from Russia! It is ambitious, but it is necessary! And that means massively reinvesting in renewables and diversifying our energy supplies. It means that Europe needs to find its Schuman spirit again to come together like never before.

Secondly, we need to boost our investment in defence and in innovative technologies and continue to build a real security and defence union. And here we must again look at our common EU budget to see where improvements can be made, because the threat that we face is real and we must step up our response.

Thirdly, we need to talk more about food security. This must become part and parcel of our discussions on Europe's strategic autonomy! Our supply lines must be more solid; our farmers need more support and they must be more incentivized.

Fourthly, what we have seen so far in terms of European coordination, solidarity and unity is unprecedented, and this must be the blueprint for us going forward.

Member states have led the efforts to welcome more than two million Ukrainians into our families and into our communities. I know you have also already welcomed 2,500 Ukrainians and you are playing your part. Your homes and also your hearts have been opened to people fleeing war in Europe.

We have matched massive sanctions with practical solidarity that really allowed Ukrainians straight into our homes. And we can really say that the best of Europe is on display, right at the very moment!

Ultimately, Ukraine will define our European future. It will impact the decisions that we take and it will be a turning point. The Europe we know has survived and has adapted to crises. We have grown closer. We have grown more interconnected, and nothing better than this encapsulates our own approach to freedom of movement. This is the last point I would like to make, related to Luxembourg.

Freedom of movement in the Schengen area is resolutely an acquis! And Schengen is part of our vernacular speech. I was just walking on the way here and I met somebody in the street who called me out; I went to school – to the Collège d'Europe – with Christophe Schiltz who just passed in the street.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | And the first word that reminds me of Christophe is "Schengen". I remember discussing with him and learning this when we were students: the impact of decisions that are taken and that were taken in this country. And again, it was from Luxembourg that we learned the value of openness and trust in one another.

Speaking of trust: Today, 21 % of the European Parliament staff works in Luxembourg. We have invested massively in a real estate project to upgrade and modernize our Luxembourg staff's offices in the form of the Konrad Adenauer 2 building complex. It was for this reason that I wanted my first official state visit to be in Luxembourg since I got elected President of the European Parliament, because I know how important you and this country are for the European project. And for all of this, I want to thank you for allowing all of this to happen and for your continued welcome in your Grand-Duchy.

Villmools merci!

(Applaudissements)

## 6. Séance de questions et de réponses

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madame la Présidente. Nous allons passer maintenant à la séance de questions et de réponses. Chaque groupe et sensibilité politique pourra poser une question à Madame la Présidente du Parlement européen. Les questions seront alternées majorité-opposition.

Je vais céder la parole à Monsieur Gilles Baum du Groupe politique démocratique qui va poser la première question. Monsieur Baum, vous avez la parole.

**Question posée par le groupe parlementaire DP**

**M. Gilles Baum** (DP) | Madame la Présidente, thank you so much for being with us today! That really is a great pleasure and a great honour.

We are all getting increasingly concerned about the humanitarian situation in Ukraine which is getting worse and worse by the hour. Until now, we count more than two million refugees in neighbouring countries and many more are on their way out of the country at the moment. Our thoughts go out to those civilians left behind in blocked cities like Kharkiv and Mariupol, citizens who start lacking food and medics, who have no access to clean water and electricity, because the infrastructure is down, and who have no means of getting out of these cities, because there are no humanitarian corridors.

So my question would be: What is Europe willing and what is Europe able to do for those people left behind in order to avoid a high number of persons starving, in order to avoid another "Holodomor" (Editor's note: a man-made famine that developed in Soviet Ukraine from 1932 to 1933 and that killed millions of Ukrainians) as in the thirties of the last century under the Soviet regime?

Thank you.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Monsieur Baum. Madame la Présidente, vous avez la parole.

**Réponse de Madame Roberta Metsola**

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | How much time do I have?

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | You are free.

(Hilarité et brouhaha)

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | OK, I wish I was told that in my home parliament. So, thanks a lot!

Mr Baum, thank you. The humanitarian situation is really the one thing that is dominating our discussions in the European Parliament, but without doubt discussions in all national parliaments as well. First of all, we need to put – as we say – our money where our mouth is. We have already allocated resources and triggered



a never-before-triggered directive which is specifically aimed at giving protection to persons fleeing a situation like the one they are fleeing in Ukraine, being aware that there would be a massive influx into the European Union territory.

This is a proposal that has come from the European Commission and that will be voted upon from a financial point of view in the European Parliament next week. But we need to do more!

On the ground, the situation is extremely dire from a lack, for example, of interpreters at the borders. We have persons who are arriving and there is not the possibility to speak in the same language, for Ukrainians to be able to be brought in, given housing, shelter, for children being put in school.

Secondly, you are right: You say “humanitarian corridors”. A corridor to Russia and to Belarus is not a green humanitarian corridor, as President Putin so cynically put it. A humanitarian corridor is one where you seek shelter, and it is all the way across the European Union that we have to open up our doors.

Last week, I was in Strasbourg and overnight, two coaches of Ukrainians, a few hundreds, were on their way and I asked: „Where are they going?” Portugal. Every single country, different levels, different organizations ... School projects are being done in order to be able to help as much as possible.

I would like to also point out to you that the situation in Poland is a very difficult one: We have millions of Ukrainians that have already entered. The situation in Hungary is similar. But let us not forget the situation in Moldova. Imagine, if you have to look at the resources of a country like Moldova, with the challenges that it already has economically, Moldova could receive a maximum of 20,000 Ukrainian refugees. Until yesterday, they have already received 103,000 Ukrainian refugees! And so this is the scale of the situation we are dealing with!

If you ask the leaders of these countries, it is one thing to allocate assistance, but they need quick and rapid relocation of persons and they need to be given the perspective for their own people who live in their countries, who are facing and will face a very difficult few months: I mentioned food shortage in my comments, but also skyrocketing energy bills that are unaffordable. And that also needs to be in our discourse when talking to our populations, to our citizens, because we are accountable to them in order to explain.

So, I think the answer has to be double-tracked, that it needs to focus – yes! – on financial and logistical assistance of the Member States, but also of countries which are not members of the European Union, but which we invest a lot into and which we have very strong partnerships with and which ultimately are fighting the war for Europe every day!

**M. Fernand Etgen**, Président | La prochaine question est de Madame Martine Hansen du Groupe politique chrétien-social. Madame Hansen, vous avez la parole.

**M. Michel Wolter** (CSV) | Wou ass den Här Wiseler?

**M. Claude Wiseler** (CSV) | C'est très gentil, Monsieur le Président, mais ce n'est pas exactement Madame Hansen qui va poser la question.

(Hilarité)

#### Question posée par le groupe parlementaire CSV

Mais moi, je voudrais tout simplement dire que c'est un grand plaisir de vous avoir ici, de vous accueillir au Parlement luxembourgeois, et nous sommes particulièrement honorés que vous ayez choisi le Parlement luxembourgeois comme le premier parlement que vous visitez en tant que Présidente du Parlement européen.

Je voudrais continuer sur le sujet de l'Ukraine. Monsieur Gilles Baum a déjà posé la question sur le problème humanitaire. Moi, je voudrais poser la question sur les sanctions que l'Europe a prises.

Je le dis honnêtement : moi, je n'aurais pas cru, il y a trois ou quatre semaines, que nous serions capables, en tant qu'Européens, de réagir aussi rapidement et de prendre, en plusieurs paquets, des sanctions aussi fortes. Et je vous dis honnêtement : j'étais fier à l'époque, je suis fier aujourd'hui d'être Européen et que l'Europe soit parvenue à de telles décisions !

J'ai plusieurs questions, même, à vous poser là-dessus, la première étant : que dites-vous de l'efficacité des sanctions qui ont été imposées à la Russie ? Quelles en sont les résultats déjà mesurables et est-ce qu'il est nécessaire de faire encore plus ou autre chose ?

La deuxième question sur ce sujet-là concerne la solidarité européenne, qui, pour une fois, était vraiment là pendant la prise de ces décisions. Moi, j'espère que cette solidarité restera au cours des prochains mois. Comment estimez-vous cette situation ? Vous êtes en relation avec tous les chefs de Gouvernement et d'État et vous pouvez peut-être estimer quel est le degré de solidarité, sa durabilité.

Et puis, j'ai bien écouté le Président Zelensky lorsqu'il a parlé au Parlement européen par vidéo en demandant d'un côté plus d'armes, plus d'aides, de l'autre côté une aide pour fermer le ciel européen (veuillez lire : ukrainien) – ce qui était plutôt une demande à l'OTAN. Mais il a également soulevé une discussion sur l'adhésion de l'Ukraine à l'Union européenne. Le Parlement européen a voté une motion là-dessus.

C'est une question très difficile, sachant que nous avons également un certain nombre d'autres pays qui sont candidats depuis longtemps. D'autres pays qui sont candidats, mais dont l'adhésion ... où les discussions sur l'adhésion n'ont pas encore commencé, comme l'Albanie, la Macédoine du Nord. D'autres pays, comme la Bosnie-Herzégovine, qui ont déposé leur candidature. Et puis l'Ukraine, la Géorgie et la Moldavie qui ont frappé à la porte. Maintenant je voudrais également vous entendre sur ce sujet-là, sachant que ce n'est pas du tout un sujet évident.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Monsieur Wiseler. Je redonne la parole à Madame la Présidente.

#### Réponse de Madame Roberta Metsola

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | I will answer in English to these twenty-five questions.

(Hilarité)

First of all, on sanctions: I agree with you, Claude. If someone had asked any of us, four, five weeks ago, whether we were in a position to adopt all rounds of sanctions of increasing severity and breadth, width, we would not have thought that that would be possible. And it is, first of all, thanks to the political will that was finally found – after a long time – within the European Union Member States and across the countries and parliaments.

But secondly, we also have to have one aim: These sanctions have to hurt! They have to be felt! We need to be in the situation where Russia can no longer sustain this war, where the president can no longer sustain this war. Are we there yet? He thought he could take care of it in five days. The spirit of the Ukrainian people is unmatched! Their resilience is unmatched!

After political opinion, I will also mention public opinion. Who would have thought that our citizens would be asking us and actually making – not making, but allowing – governments to change long-standing

positions held for decades on dependence on certain energy connections with Russia? When we started to say that we needed to remove Russia from the SWIFT System, I would not have thought it would be done in two days, when I arrived at my first European Council.

When we talk about what the Ukrainians need from us: They need help – logistically –, equipment. There are practical considerations of how quickly the equipment can arrive on the ground, the armament that persons are using, are trained to use. This is a war that is being fought like this, with women taking up arms and having to decide between sheltering their children and going to war.

With regard to decisions that have to be taken by organizations such as NATO, as you mentioned, the European Parliament has been very clear and has adopted resolutions with an unprecedented majority, not only from within, so to speak, the political groups that would traditionally vote as they do, but also from those political groups that have resisted for a long time, but have now – also because of public opinion – had to change course, have had to adopt that narrative. And that's important for us to know, because that also shows that it can happen, whereas we thought that it couldn't. And that is a welcome perspective on the situation. That is why I wanted to see a European Parliament that is always bolder, that can adopt language that is strong.

The presentation of President Zelenskyy was extremely well received in a packed Parliament of members that want to see the perspective of Ukraine acceding to the European Union. And that is why the Parliament welcomed the application for candidate status, recognizing the different competences of the different institutions. But I can speak clearly for the European Parliament, and on that, the Parliament has always been on the side of inclusion rather than exclusion. Because for me, the most important for people who are fighting this war, is to know that they can look to Europe. And if we gave them no other choice but to look elsewhere, that would be the real tragedy that would come out of this war, if that happened.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madame la Présidente. La prochaine question est de Monsieur Yves Cruchten du groupe politique ouvrier socialiste. Monsieur Cruchten, vous avez la parole.

#### Question posée par le groupe parlementaire LSAP

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Thank you, Mr President. And thank you, Mrs President, for doing us the honour to come here to our Parliament and speak to us. And I would also like to congratulate you on the speech you have just held, because you managed – in those few minutes – to basically tackle all the topics that are dear to us, that preoccupy us, that are on our minds at the moment. Thank you very much for that.

I was told that I'm only allowed to ask one question, even though I would have liked to hear from you about the rule of law, about the freedom of press and many other things. But I want to be fair with my colleagues who will be speaking after me. So, I will stick to the plan and speak only about one topic that Mr Wiseler already touched upon a little bit and that we also heard about in the exercise of our political mandate, in our campaign about the Conference on the Future of Europe.

We had two major topics that came up again and again. One was Schengen, of course. Here in Luxembourg, people stick to Schengen. You mentioned it in your speech, so you know exactly how important this topic is to us. But the other topic was that people felt – and this campaign took place before the war in Ukraine – that Europe was not speaking with one voice anymore, that it was difficult to find compromises.



But recent crises, like the coronavirus pandemic, but especially the Russians' invasion of Ukraine, have brought the European Union closer together, particularly in matters of foreign policy and maybe even when it comes to burden sharing of refugees.

We feel that now, Member States stand stronger together, because it is necessary to protect our democratic values. Today, the European Union is more united than it has been, maybe, for the last decades. And my question to you would be: How can this renewed community spirit be maintained and maybe even deepened? What can our role as national parliamentarians, as a national parliament be in that process of unifying the European Union?

Thank you very much.

**M. Fernand Etgen**, Président | Madame la Présidente, vous avez la parole.

**Réponse de Madame Roberta Metsola**

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | Thank you.

One of the dominating themes of conversation that I had with my colleagues from the European Council last week at Versailles, was how we could see that the economic crisis of over a decade ago prepared us – in some part – for the health crisis, and now, this health crisis has prepared us – in some part – for war.

It's, first of all, about lessons learned, how we can, once there is a political will, take the decisions that would otherwise have been impossible, whether politically or also economically, in terms of unprecedented amounts of funds that have been dedicated to beat the pandemic. But now, when we look at the multiannual financial framework and our budgets, it will pale in comparison to the needs that we have in a new – let's say – conversation about so-called strategic autonomy.

If you ask this ... If I had to ask all of you what you understand by strategic autonomy, everybody would give a different answer – I think, from experience –, but there's one thing that I think you could find as a unifying comment, and that is that Europe has to act united, because – as we saw – if it's not, nobody else will. Nobody will fight our wars! Nobody will address our difficulties!

The instinct – this is something that I will never forget – of us as Europeans, as soon as an airborne virus started to enter Europe, was to close borders. Automatically! Boulders across our much fought for highways that we wanted to be open. You know, I come from an island. For us, entering the Schengen area was the one thing that ... You know, every person in my country knows what Schengen means, because that means you can be elsewhere. You can go study. You can work. You can do anything in our Europe. Because we are equal. And we have fought hard for that, very hard!

So let's not underestimate that instinct again, that, the minute that there is a challenge that we are not united on, the instinct is to close.

And here, your role is crucial in making sure that your citizens, first of all, are aware of decisions that are taken, that they feel them, that they understand them and, even if it's difficult for them, that they accept them.

So when it comes to what you mentioned on solidarity, burden sharing, I call it responsibility sharing – let's not call it a burden, it's a responsibility –, it is hard to explain to countries that have asked for help in the past, and that help was not forthcoming, for different reasons, we don't need to list them here. It was difficult for the citizens of those countries who asked for help in other crises, but were then left alone. You can see it. And that's always a peril with elections with the

extremist forces that dominate the narrative which needs to be counted every day – let's not forget –, every day!

And let's also not forget that when you look at a situation like we have today, the worst thing that could happen is that, a few months down the line, we look away. We can't look away. We can't!

So what I would take from all of this is: Let's use this previously unfathomable solidarity and responsibility sharing to look at those countries that perhaps need a little bit more convincing to perhaps move a little bit closer towards something that we can really use, that we can call a unifying responsibility.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Thank you.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madame la Présidente. La parole est à Monsieur Fernand Kartheiser de la sensibilité politique alternative démocrate réformatrice pour la prochaine question. Monsieur Kartheiser, vous avez la parole.

**Question posée par la sensibilité politique ADR**

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Thank you, Mr Chairman. Thank you, Mrs President, for your visit to Luxembourg and also for the very kind words that you have found for our country. We are very grateful for these full off references.

My party, which has a very complicated name, is actually part of the European Conservatives. That is perhaps better known to you, also from Strasbourg and from Brussels.

I would like to start with a very personal note, but a deep-felt one. I would like to sincerely thank you for your personal, very courageous stands on the issue of abortion. We know that you cannot defend the same position as a President of the European Parliament, which is a pity, but which also tells us a lot about the European Parliament.

I would like to ask two questions. The first, which you have already very diplomatically addressed in the answer that you gave Mister Cruchten to his comments, is about the issue of Poland and Hungary. We have witnessed over the last years that these two countries have come under very harsh criticism because they have not shared, among others, the same approach to the refugee issue in Europe as other countries, and the Luxembourg government is currently also expressing a different view than that of Hungary and Poland.

Now we see that these people are actually extremely generous. The two countries take up a huge number of refugees. And so, the question, of course, may be asked whether it is rightful and justified to continue criticizing them and to even punish them or sanction them under article 7 and so on, because we see in practice what they are doing in order to help the people from Ukraine. So, shouldn't we ... Of course, you have very carefully indicated that these countries might change their attitude, but shouldn't the European Parliament and other institutions also change their attitude towards Poland and Hungary, considering the efforts that they're making?

My second question relates to – and Mr Cruchten already raised the issue – the Conference of the Future of Europe. We see that there are a lot of efforts made to perhaps overstretch the European treaties out of fear of an intergovernmental conference and a treaty change, which may be justified, considering the results of some referenda in the past. But still, where would you like to draw the line between what we can still do in the framework of the existing treaties and where do you think that we should really go to treaty change and to an intergovernmental conference in the future, in order

to continue asserting the democratic character of the European Union?

Thank you so much.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Monsieur Kartheiser. Madame la Présidente, vous avez la parole.

**Réponse de Madame Roberta Metsola**

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | OK. First of all, on the first point that you made, I was extremely clear in the days and months preceding my election for President of the European Parliament, in the immediate aftermath, and this is the position that I will hold for the two and a half years that I am President: The position of the Parliament on sexual and reproductive health and rights is my position. And I will defend it everywhere I go. It is my obligation, it is my duty, but also, I'm a staunch defender of gender equality and women's rights!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | I see Viviane here. We just adopted a directive that you started ten years ago on women on boards. It took us ten years! But I wanted to signal this to you, that your foresight, Viviane, and your leadership on that, although it took long, has been delivered. It took a while, but it's good that it was on the table, and we did it!

And there, I think, we should really see where the gaps remain. There is still a huge gender pay gap across the European Union, in some countries worse than in others. There is still too much discrimination in our countries. Too much! And we need to fight that every day and in every parliament.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | On the two countries that you mentioned, you'll find that the humanitarian aspect is welcomed. The welcome that has been given to millions of Ukrainians in the countries that border Ukraine is not only symbolic, but it is wonderful. Wonderful! There has been a huge kindness, openness and welcome.

But that will not stop the European Parliament from defending media freedom and rule of law everywhere. Everywhere!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | And if a journalist is killed or attacked or silenced, if a sexual minority is targeted, we speak as well. They are not mutually exclusive. For us, values are the same, everywhere and for everyone. And that means that we as the European Parliament, even if it is the last institution that does it in the "European configuration", so to speak, will continue to speak up and we will be proud of speaking up. And the citizens deserve it, because this is what they were promised!

I joined on the same day as those countries that you mentioned. I was around that table, when, together with the young people – at the time, I was member of the Youth Convention –, we were discussing treaty change, in 2002, together with a group of students from all political groups, across all political parties, different countries. And there was one thing we had: We wanted to join the European Union and we knew that our values would be protected and that the European Union had the tools that it needed in order for those values to be defended and to be protected.

So, when I look at what could be the outcome of the Conference on the Future of Europe, I would look to make sure that those tools are strong, clear, usable. I would look at ... – I wanted to answer, I forgot to answer one part of your question –, I would look to



realize that, in a post-pandemic scenario, the creation of a European Health Union is something we should consider, that, if it were not for the European Union, we would have had to compete for ventilators in the first few weeks of the crisis, we would have had to compete for vaccines in the first days of when they were distributed. We didn't have to, because the European Union delivered them to everyone. Everyone! And I would always ..., I am a lawyer in here, so as a lawyer I would say: If there is a law that could be improved, let's improve it! But I will not open up a law if I am going to make it worse. I am not prepared to do that. But if I can improve it and make it better, then it is my obligation to also push for that.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madame la Présidente. Je vais maintenant céder la parole à Madame Stéphanie Empain du groupe politique les Verts. Madame Empain, vous avez la parole.

**Question posée par le groupe parlementaire déi gréng**

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Merci beaucoup, Monsieur le Président. Thank you also for coming to Luxembourg, for coming to our Parliament, speaking to us and, well, holding up the idea of exchange between parliamentarians. So, I will speak on behalf of Djuna Bernard, who would have loved to be here today, but she can't because of Covid.

So, I wanted to get back to what you said in your speech, that the war in Ukraine is really a turning point for Europe and that it really impacts nearly every field, nearly every policy field. So, on the 2<sup>nd</sup> of February this year, the European Commission adopted a Complementary Climate Delegated Act listing specific gas and nuclear activities as environmentally friendly or sustainable for purposes of EU taxonomy.

However, the Commission's decision to list nuclear and gas activities as environmentally sustainable is controversial and it might be legally challenged before the European Courts. The European Parliament might also block the delegated act. In your view, what are the chances that the European Parliament will in fact block the Commission's proposal and thus force a re-evaluation of gas and nuclear energy? And I am asking this question particularly in the light of what is happening in Ukraine right now, because we can't say that it doesn't have an influence on how we perceive gas and nuclear energy as being sustainable or not.

Thank you.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madame Empain. Madame la Présidente, vous avez la parole.

**Réponse de Madame Roberta Metsola**

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | I alluded this a little bit in my comments, in my original remarks, that this crisis, this challenge that we have and that we are living through at the moment, should jump-start our – once again, because sometimes I feel like we forget, we look away –, our need to be very ambitious in our climate legislation.

The next two and a half years will be very, very heavy with regards to the amount of legislation that is incumbent on the Parliament to negotiate and adopt. We are ready for it. We have an excellent group of members that are negotiating and that will then negotiate with the Council.

That also showed us that, when we talk about strategic autonomy, we will also talk about energy independence. My experience so far is that different countries give you a different picture. In the European Parliament, members from those countries give you the exact same picture across the Parliament. So, you

will know before you are going to talk to a particular member, depending on the country where that member comes from, what is going to be the position.

I said before that we have unprecedented unity. We do not have that on taxonomy, and it is to the extent that I cannot predict – yet – the outcome of that vote. It is a delegated act, which means, it is a yes or no. The last time that the delegated act, the previous delegated act, was passed, the Parliament was quite divided. And since then, also some national government coalitions have changed. So that also means that it could shift a little bit. It is not at all clear. It is something that we have now, I think, six weeks ...

*(Interruption)*

Six weeks? You are nodding, or not? You are looking away ...

*(Hilarité)*

Not you, the ones behind you.

*(Hilarité)*

Everybody is looking away, when I ... Six weeks for taxonomy. It was four months, maybe a little bit more. What I can say is, two things: One, that if you like, we can give you the information a little bit closer to the date when it's clearer, even though I cannot preempt the outcome of any votes of the European Parliament. But also, it is something that the European Parliament will be very vocal on in terms of its role in defining climate policy and ambitious climate targets, with the kind of tool that we have in our hands, whether it is a delegated act or whether it is a legislative proposal. So, that is also a discussion that is being held.

It was, let's say, pushed a little bit on the back burner over the past couple of weeks, but it will be brought back much more to the fore, also because of the link to the ongoing crisis that we are living.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madame la Présidente. La prochaine question est de Madame Myriam Cecchetti de la sensibilité politique La Gauche. Madame Cecchetti, vous avez la parole.

**Question posée par la sensibilité politique déi Lénk**

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Madame la Présidente, e schéine gudder Mëtteg. Notre question va un peu dans une autre direction. Nous sommes à peine quelques jours après la journée internationale de la lutte pour la protection des droits des femmes. Lors de cette journée, les mouvements féministes du monde entier alertent entre autres sur la mise en danger des vies des femmes face à la violence patriarcale, aussi dans la guerre. Cette violence sexiste faite envers les femmes et les filles, qu'elle soit de nature sexuelle, physique ou psychologique, occupe plusieurs espaces : l'espace public, l'espace domestique et familial, l'espace du travail et aussi celui de la médecine, notamment gynécologique et obstétricale.

Dans ce contexte, la détermination des femmes à lutter pour le droit à disposer et à décider de leur corps dans le cadre des modalités d'accouchement aussi bien que de l'accès à ...

*(Interruption)*

... l'interruption volontaire de grossesse nous interpelle. En tant que Députées de gauche et féministes, nous accordons une grande importance à cette lutte qui n'est pas gagnée tant que surviendront en Europe, au sein de l'Union européenne, des politiques réactionnaires qui limitent ou interdisent l'accès des femmes à l'avortement, allant dans certains pays, comme en Pologne récemment, jusqu'à totalement remettre en question ce droit jadis acquis. Plus personne ne peut nier le danger vital que représentent pour les femmes les avortements clandestins. Pourtant, vous vous êtes

maintes fois exprimée contre le droit de l'IVG, et ce en qualité de Députée au Parlement européen.

Madame Metsola, continuerez-vous à défendre votre position anti-IVG, même en qualité de Présidente du Parlement européen ? Parce que je pense que c'est très, très important que nous ayons un cadre légal et que les femmes puissent disposer de leurs corps et faire ce qu'elles pensent être juste. Voilà. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madame Cecchetti. Je redonne la parole à Madame la Présidente.

**Réponse de Madame Roberta Metsola**

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | Thank you for this question. I take with big responsibility the fact that I am the first female President of the European Parliament in twenty years. The previous one was twenty years earlier. So every twenty years, the European Parliament has elected a woman as President.

*(Hilarité)*

And as I promised in my inauguration speech, I would do everything to make sure that twenty more years won't pass before the next woman is elected President of the European Parliament.

**Plusieurs voix** | Très bien !

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | Secondly, last week, as you said, we ... I don't like to use the word "celebrate", we commemorate or we organize the international day of women – Women's Day. And every year, I say that I look forward to a time when we do not need one day to remind everyone how many gaps there still are.

So, keeping in mind the competence of the European Parliament, keeping in mind national competences in this regard, I would like to give you my commitment that what you have mentioned are causes that are fully shared by the European Parliament in their positions, in the positions that are adopted. In particular in cases where you see a regression of rights, that means, rights that have been given but were taken away from women. In particular with regards to those countries where the Istanbul Convention has not yet been ratified. In particular in those countries, where, because of Covid, we still have not understood the impact on the mental health particularly of women and the increased denial to the services that you mentioned.

We have actually commissioned quite a number of studies to get the data, in order to work directly with ministers in the different Governments that are specifically taking care of these issues.

We have seen advancement, but we are still very far away. And I give you my commitment to make sure that we'll make some progress.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madame la Présidente. La dernière question est pour de Sven Clement de la sensibilité politique Piraten. Monsieur Clement, vous avez la parole.

**Question posée par la sensibilité politique Piraten**

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Thank you, Mrs. President. Thank you, first of all, for participating in this exercise of open dialogue, something that, these times, is even more important than ever before.

Now, to my question: When it comes to the rule of law mechanism, the European Parliament has actively followed the actions brought to the European Court of Justice and calls upon the Commission to take urgent action and to immediately apply the rule of law conditionality mechanism.

Other than the rule of law conditionality mechanism, there are still other judgements invalidating directives



for violating the EU Charter of fundamental rights, while at the same time not invalidating the national transpositions of those directives.

Is the President of the opinion that in the future, the European Parliament should play an even more active role when it comes to pushing for the application of the court's decisions when it comes to fundamental rights?

Thank you.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Monsieur Clement. Madame la Présidente, vous avez la parole.

#### Réponse de Madame Roberta Metsola

**Mme Roberta Metsola**, Présidente du Parlement européen | Thank you. You are correct in pointing out the fact that the Parliament, not only now, but for ... I became a member ... I got elected in 2013 and I remember clearly: Around 2015, 2016, we started asking regularly for the European Commission at the time to create the rule of law mechanism which you mentioned in your opening words.

Why did we want this? First of all, because we realized that there was backsliding in a number of member states. It was almost like: The test to join the European Union was immediately forgotten once you entered, conveniently. We also asked for an objective analysis. We have created such objective analyses in the financial sector, after the financial crisis, from an economic point of view. We have the Justice Scoreboard. How can we not have the same thing for the rule of law?

In 2017 and then early 2018, two journalists were murdered in the European Union: in Malta and in Slovakia. That pushed the European Parliament in a much more open way to ensure that this mechanism is done, analysed and every member state – every member state! – looked at closely in order to see: What is going wrong, what can be done better?

There is still a lot to be done! We receive reports, they are improving every year. The Parliament adopts recommendations. We have gone further by, for example, creating a report, drafting a report on the so-called SLAPP – which is Strategic Lawsuit Against Public Participation –, because we have seen an explosion of such lawsuits across the European Union against particularly investigative journalists, creating a chilling effect across the Union, which is a fundamental pillar of the rule of law. And now, in the last few months, there was an action that was put forward on failure to act according to the treaty, because that is a prerogative of the European Parliament.

It is also something that the European Parliament will continue to push for with regards to the long awaited inter-institutional agreement on rule of law between the Parliament and the Commission.

The European Court of Justice's decision was clear. And the European Parliament immediately asked for a debate in the Parliament with the Commission. And we will continue to make sure that our position – because if it were not for the European Parliament, the conditionality mechanism would not have been in – is really implemented, and why.

Because when you come into this Parliament to discuss – you discuss it, right? Yes. The recovery and resilience fund in some Parliaments were bypassed, so ... – the recovery and resilience fund, then you need to justify why you are going to spend an unprecedented amount of money in order to trigger economic recovery, then you have to make sure that that money is spent well and that you know where that money is going and that it is not used for re-election campaigns.

So, that's the role of the Parliament. It's sometimes not very popular in the European circles, but we do

it, because it's our duty. Because in 2024, when the 705 members need to present themselves before the European citizens and ask them for their vote to re-elect them, the question is: Where are you on rule of law? Where are you on migration? Where are you on economic recovery?

We have to answer! So it's our responsibility to make sure that that remains at the very top of our priority. And we will. Actually, there is a very strong cross-party political group of members that are extremely active on this matter. And I can tell you that they will not stop being extremely reactive on that.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madame la Présidente. Nous sommes arrivés à la fin de la séance de questions et de réponses. Madame la Présidente, je vous remercie de tout cœur pour votre visite à la Chambre des Députés.

Merci bien !

(Applaudissements)

(Coups de cloche de la présidence)

La séance est interrompue pour quelques instants.

(La séance est suspendue à 15.18 heures.)

\*\*\*

(La séance est reprise à 15.21 heures.)

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech géif Iech bieden, erëm Plaz ze huelen.

A wann Der esou léif wäert, d'Dieren erëm zouzemaachen. Villmools merci, Dir kënnt Gedanke liesen. Merci, Chris.

An domat maachen ech eis Sëtzung erëm op, mat der Feststellung, dass et derwäert war, derbäi ze sinn.

Merci gesot fir Ären Engagement an och Merci gesot der Presidentin vum Europaparlament fir déi kompetent Äntwerten.

## 7. 7538 – Projet de loi relative à la facilitation dans le domaine de l'aviation civile

Dat gesot gi mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwer. Dat ass de Projet de loi 7538 betreffend d'Schafe vun engem Comité national de la facilitation bei der Direktioun vum der Zivilluftfahrt. An d'Wuert huet elo direkt d'Rapportrice Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

Also, Dir sidd Ärer Zäit viraus.

(Interruption)

Dat ass deen nächste Punkt.

(Brouhaha)

Wëllt Der ... Dir wëllt jo net awer nach en neie Kandidat virschloen?

(Hilarité)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dee fënneften CSV-Kandidat.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President, Dir kënnt dat elo e bëssen an d'Lächerlecht zéien.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Nee, ech zéien dat guer net an d'Lächerlecht, Här Roth, mee et ass eréischt deen nächste Punkt.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, well mir haten de Moien en aneren Ordre du jour. Dann ass den Ordre geännert ginn.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Okay, sorry. Ech mengen, datt ech dee richtegen hei hätt, an Dir hutt och den Ordre du jour festgehalen. Voilà.

An dann huet d'Madamm Gary elo d'Wuert.

#### Rapport de la Commission de la Mobilité et des Transports publics

**Mme Chantal Gary** (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, Här Minister, de Projet de loi, dee mer de Mëtten hei virleien hunn, ass wuel dee kierzte Gesetzesprojet, deen ech Iech bis elo presentéiert hunn. Seng zwee an en plus ganz kuerz Artikelke betreffen allerdéngs eng éischter vast a komplex Matière, esou datt mäi mëndleche Rapport net grad esou kuerz wäert si wéi de Projet.

Am Dezember 1944 koum et zur Adoptioun vun engem internationalen Traité, mat deem nach während dem Zweete Weltkrich Reegelen, Normen a Recommendationen fir d'international Zivilluftfahrt festgeluecht goufen, mat deem déi passend international Organisation fir d'Zivilluftfahrt gegrënnt gouf an dee bis haut ëmmer nees erweidert an ugepasst gouf. Ech schwätze vun der sougenannter Convention de Chicago, zu där mëttlerweile och 19 Annexe gehéieren. Dës Annexe beschäftegt sech all mat engem bestëmmten Aspekt vun der ziviller Aviatioun.

Mam Projet de loi Nummer 7538 geet et elo ëm d'Ëmsetzung vun enger Dispositioun vun der Annex Nummer 9 vun der Konventioun vun Chicago, déi offiziell den Titel „Facilitation“ dréit. Mam Begrëff „Facilitation“ ass an deem Kontext d'Ëmsetzung vu Mesurë gemengt, déi d'Beweegungen am Fluchverkéier erliichteren an optimiséieren sollen, an dat souwuel wat d'Reegele fir Besatzungspersonal a Passagéier inklusiv hirem Gepäck bis zum Wuerentransport wéi och nach weider Aspekter ugeet, dat Ganz natierlech ënner Berücksichtigung vun alle Sécherheetsaspekter a vun de Preskriptiounen vun der internationaler an nationaler Legislatioun.

Vereinfacht gesot geet et hei ëm d'Simplificatioun vu Prozeduren a Formalitéiten. D'Recommandatiounen vun der Konventioun vun Chicago a vun der internationaler Organisation fir Zivilluftfahrt betreffen zum Beispill folgend Aspekter: d'Passkontroll, d'Accessibilitéit vu Persounen mat ageschränkter Mobilitéit, de Contrôle vun de Passagéier, dem Gepäck an der Fracht, d'Assistance vun de Passagéier am Fall vun engem Refus d'embarquement, d'Assistance vun Affer vu Fluchaccidenten an hire Familjen, sanitär Froen an an. D'Facilitatioun exigéiert deementspreechend en héijen Niveau vun Zesummenaarbecht a Kooperatioun tëscht de verschiddenen Acteuren an der Luftfahrtbranche, inklusiv mat de concernéierte staatlechen Instanzen.

Bei deemem Projet de loi geet et also ganz konkret ëm d'Definitioun vum Begrëff „Facilitation“ am Lëtzebuerger Kontext an ëm d'Mise en place vun engem Comité national de la facilitation, deen d'Annex 9 vun der Konventioun virgesäit.

Mam Artikel 2 vum virleiende Projet de loi plus entspreechend dem Règlement grand-ducal gëtt deen nationale Facilitatiounskomitee geschaaft a bei der DAC, der Direction de l'aviation civile, ugesidelt mam Zweck, all d'Acteuren, déi mat der Aviatioun ze dinn hunn, zesummen un en Dësch ze bréngen. Dëse Komitee huet deemno als Haaptmissioun d'Ëmsetzung vun den internationalen an europäeschen Normen a Recommendationen zur Facilitatioun am Domän vun der Aviation civile an eng besser Koordinatioun tëscht de verschiddenen Acteuren. An deemem Komitee soll och e Programme national de la facilitation ausgeschafft ginn, eng weider Dispositioun aus der Annex 9 vun der Konventioun vun Chicago.

Opgrond vun de Remarque vum Staatsrot, datt et noutwendig wär, dës Programme national an d'Gesetz



ze schreiwene, gouf den initialen Artikel 3 vum dësem Projet schlussendlech gestrach.

Här President, mä Rapport mam Resümee vum den Aarbechte géif ech gären ofschléisse mat Follgendem: Dëse Projet de loi gouf de 25. März 2020 an der Chamber vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, dem Här Bausch, deposéiert. Den Avis vum Staatsrot koum den 19. Januar 2021 an ass den 18. März 2021 an der Sitzung vum der Kommissioun vum der Mobilitéit an den ëffentlechen Aarbechten analyséiert ginn. An där selwechter Sitzung huet d'Kommissioun och direkt zwee Amendementer ugehall an den entsprechehenden Avis complémentaire vum Staatsrot den 11. Mee 2021 analyséiert.

Nieft dem Staatsrot hat och d'Chambre de Commerce en Avis zum Projet de loi an zum Règlement grand-ducal ofginn.

Eis Kommissioun huet de Rapport zum virleiende Projet de loi Nummer 7538 den 3. März 2022 eestëm-meg ugehall a proposéiert deemno och der Plenièr vum der Chamber, dëse Projet de loi unzehuelen.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat och den Accord vum der grénger Fraktioun. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci der Madamm Gary.

Éischten agedroenen ... A, den Här Kaes. Ech hat en aneren Numm hei stoen, mee Här Kaes, et ass un Iech.

**Discussion générale**

**M. Aly Kaes** (CSV) | Ech géif dat maachen, wann Der erlaabt, Här President.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Ganz gär.

**M. Aly Kaes** (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Fir d'éischt emol merci un déi honorabel Madamm Chantal Gary fir den exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et bleift mir also näischt aneres ze soe wéi den Accord ze gi vu menger Fraktioun. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Den Här Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. Ech géif mech de Wieder vum Här Kaes ganz gären uschléissen an der Rapportrice da vun dëser Plaz villmools Merci soe fir déi zwee ganz gutt Rapporten. An ech géif dann och den Accord gi vun der Fraktioun vum der Demokratescher Partei.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci dem Här Hahn. Weider Wuertmeldunge vun ... A, d'Madamm Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Och vu mir e grouse Merci un d'Rapportrice. Et war alles tipptopp erkläert. Et ass e kleng Projekt, en effikasse Projekt. An d'LSAP-Fraktioun gëtt och hiren Accord. Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, och vun eiser Fraktioun hier e grouse Merci fir de Rapport. Mir ginn och de Consentement dozou, well et jo eng Facilitatioun ass an d'Saach just besser mécht. Voilà. Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Den Här Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Jo, merci, Här President. Ech géif der Madamm Chantal Gary en häerzleche Merci

soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass alles gesot. Et ass näischt méi bäizefügen. An ech ginn den Accord vum der ADR zu dësem Projet. Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An den Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci. Ech hat eigentlech geduecht, et géif ganz kuerz ginn. Da soen ech dem Chantal och villmools Merci fir dee Rapport a mir stëmmen do och mat.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci.

An dann huet den Här Transportminister d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci der Madamm Gary a merci der Chamber.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Ma merci, merci eis alleguer.

An da kéinte mer zum Vott iwwergoen. An an der Tradition vum eise President géif ech froen, ob Der alleguer agelogg sidd. Well wann Der net agelogg sidd, da kënnt Der net ofstëmmen. Voilà.

Ech gi jo dovun aus, dass ech agelogg sinn?

(Concertation interne)

Kënne mer de Vott da lancéieren, wannechgelift?

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7538 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen an dann d'Procuratiounen an dann ass de Vott eriwuer.

(Concertation interne)

De Projet ass mat der Unanimité vum deenen, déi ofgestëmmt hunn, ugehall: 58 Mol jo.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7538 est adopté à l'unanimité des 59 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Marc Lies), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Marc Spautz), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. François Benoy), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Domat géif ech Iech just nach froen, ob Der d'Dispens vum zweete Vott frot?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

An ech géif dann hei erëm de fligende Wiessel maache fir deen nächste Punkt, un deem et elo ass. Duerno kënnt d'Resolutioun. Här President.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

## 8. Désignation d'un candidat pour un poste de conseiller d'État

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Vizepräsident. Esou wéi d'Gesetz vum 12. Juli 1996 iwwert d'Reform vum Staatsrot ...

(Problème de sonorisation)

... bis 127 vum Chamberreglement et virgesäit ...

(Problème de sonorisation)

... Kandidat fir e Conseiller beim Staatsrot.

No den Dispositiounen vum den Artikelen 119 an 120 vum eise Reglement huet d'Presidentekonferenz an där Reunion vum 3. März eng Kandidatelëscht mat véier Persounen arréiert. Dat sinn an alphabeet-scher Reiefolleg: den Här Henry De Ron, d'Madamm Claudine Konsbruck, den Här Serge Sandt an den Här Laurent Zeimet.

D'Chambersreglement gesäit vir, datt d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Et dierf also net par procuratioun ofgestëmmt ginn. Nëmme d'Votten iwwert déi offiziell deponéiert Kandidature si valabel. D'Wal vum Kandidat erfollegt duerch eng absolut Majoritéit, woubäi déi blank an ongëlleg Walziedelen net a Betuecht gezu ginn.

Wa beim éischten Tour kee vun de Kandidaten déi absolut Majoritéit kritt, kënnt et zu engem Ballotage. Bei Stëmme gläichheet am Ballotage kënnt et zu engem Spezialtour. Wann dann nach ëmmer Stëmme gläichheet ass, entscheet d'Lous.

Mir fänke mam éischte Walgang un. Ech wëll d'Chamber drop opmierksam maachen, datt héchstens eng Kandidatur dierf ugekräit ginn, soss ass de Stëmmziedel ongëlleg. Ech bieden, d'Stëmmziedelen auszedeelen. Ech maachen den Appell nominal, fir d'Stëmmziedelen anzesammelen.

**Appel nominal**

D'Sitzung ass kuerz ënnerbrach.

(La séance publique est interrompue à 16.03 heures.)

\*\*\*

(La séance publique reprend à 16.08 heures.)

D'Sitzung geet erëm weider.

D'Stëmmziedele si follgendermoossen opgedeelt:

Total vum de Stëmmziedelen: 54, gëlleg Stëmmziedelen – 54, well et ware keng blank a keng ongëlleg Stëmmziedelen.

Absolut Majoritéit: 28.

D'Stëmme si follgendermoosse verdeelt: den Här Henry De Ron 1 Stëmm, d'Madamm Claudine Konsbruck 8 Stëmmen, den Här Serge Sandt 3 Stëmmen an den Här Laurent Zeimet 42 Stëmmen.

Deemno huet d'Chamber mat enger absoluter Majoritéit vum 42 Stëmmen decidéiert, datt den Här Laurent Zeimet als Kandidat fir de Poste vum Conseiller beim Staatsrot designéiert ass.

## 9. Dépôt d'une résolution par M. Gilles Roth

Ech géif dann d'Wuert ginn un d'CSV-Fraktioun fir den Depot vum enger Resolutioun. Den Här Roth, wann-echgelift.



**Exposé**

**M. Gilles Roth** (CSV), auteur | Merci, Här President. Ech erlabe mer, am Numm vun eiser Fraktioun eng Resolutioun ze deposéieren. An där Resolutioun geet et ëm d'Asetze vun enger Spezialkommissioun fir de Suivi vun den Energiepräisser an hir Implikatioun op dem wirtschaftlechen Niveau an och op dem soziale Plang.

Ech erkläre mech. Dir hutt matkritt, dass iwwert den Ukrain-Krich d'Energiepräisser explodéiert sinn, mee dat war och schonns virdrun de Fall. Mir hunn och duerfir als CSV-Fraktioun dee Sujet thematiséiert, well Dir wësst, d'Leit dobaussen – an Dir hutt vill Kontakt mat hinnen –, déi schwätzen oft net vill, mee si deelen Iech awer iwwert déi leschten Deeg a virun allem och déi leschte Wochen hir Suerge mat, dass se déi Präisexplosioun net méi packen.

Dat betrëfft engersäits de Mazout fir d'Hëtzes, dat betrëfft awer och de Gas, dat betrëfft awer och de Sprit am Allgemengen an et betrëfft virun allem och – an dat gesitt Der an de Supermarchéen – d'Präisdeierecht op de Liewensmittelen. Villes hänkt do zesummen. Jo, et huet geopolitesch Implikatiounen, mee net nëmmen.

An eis Interventioun hat d'lescht Woch zu engem Debat an der Chamber gefouert, wou eng Rei Fraktiounen Propositionen, konkret Propositionen, op den Dësch geluecht hunn. Dat war fir d'CSV de Fall, et war awer och fir aner Fraktiounen aus der Opposition an och aus der Majoritéit de Fall. Mir sinn der Meenung, dass deen demokrateschen Debat hei an dem Haus soll stattfannen!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ganz richtig!

**M. Gilles Roth** (CSV), auteur | Selbstverständlech, an dat hu mer och ënnerstrach, steet d'CSV hannert der Propos vun der Regierung, fir eng Tripartite mat de Sozialpartner, souwuel vun de Gewerkschafte wéi och vum Patronat, driwwer anzeberuffen. Well déi Präisdeierecht, an ech wëll dat selwer nach eng Kéier ënnersträichen, déi betrëfft selbstverständlech d'privat Haushalter, mee déi betrëfft awer och an engem oft ganz grouse Mooss d'Betribler, déi mat héijen Energiepräisser mussen hir Produktioun bedriewen.

An Dir hutt matkritt an der Effentlechkeet, dass eenzel Betribler souguer dozou iwwergaange si fir ze soen: „Mir wëllen temporaire opgrond vun deenen Energiepräisser an opgrond vun eise Rentabilitéitsberechnungen eis Produktioun astellen.“ Dat ass net gutt, dat passt net zu engem wirtschaftleche Runner wéi Lëtzebuerg an dat passt virun allem och net zu der sozialer Kohäsioun vun eisem Land!

Ech muss awer soen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass ech schockéiert war, wéi ech gëschter Moien de radio 100,7 gelauschert hunn. An ech kann Iech soen, ech war net deen eenzege vun eisen CSV-Deputéierten; et sinn och Leit, déi a mengem privaten an och beruflechen Ëmfeld doriwwer geschwat hunn.

Nämlech war et eng Ausso vun der Finanzministesch Yuriko Backes, déi do eigentlech effentlech gesot huet a sech driwwer beschwéiert huet, dass et Leit géife ginn, déi d'Bierger géifen opstëppelen, fir géint de Staat hei mobil ze maachen. Ech muss Iech soen, dat ass fir mech a fir eis Fraktioun inakzeptabel! Dat ass en ondemokratesche Virgang! Dat ass eng herrschaftlech Ausso – an ech sinn dovunner iwwerzeegt, dass jo och mir als CSV-Fraktioun domadder gemengt sinn – iwwert d'Handele vun Deputéierten.

Dat geet net! Ech soen dat riicht eraus, dat geet abso-lutt net! A mir akzeptéieren dat och net als CSV! Mir hu gemengt, dass een d'Madam miss wärend deenen 100 éischten Deeg an hirem Amt sech aschaffe loos-sen. Abee, si huet eis erausgefuerdert, fir den demo-krateschen Debat op deem Punkt opzehuelen!

Et kann net sinn, soen ech ganz riicht eraus: Wann d'Leit mat Präisdeierecht belascht sinn, da kann een net vun Aktionismus a Populismus schwätzen, wann Deputéierter vun der Opposition oder vun der Majoritéit de Fanger an d'Wonn vun de Suerge vun de Leit leeën!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV), auteur | Dat ass net nëmmen eist Recht, mee dat ass och eis Pflicht, fir do ze handle-n! A mir hunn iwwer Honnerte Joren demokratesch Experienz hei an dësem Haus an eise Reien. Déi steet eis zou. An ech kann Iech soen, déi Leit, déi hunn de Moien an der Fraktioun de Kapp gerëselt iwwer esou Aussoen. An dat ass eppes, wat mer net akzeptéieren!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV), auteur | Mir halen et villméi mat dem liberalen an demokratesche Gebare vun engem Charles Goerens, dee vill méi eng laang demokratesch a gewielten demokratesch Experienz zanter 1979 mat dem Lydie Polfer, mat dem Michel Wolter a mat aneren hei am Parlament huet, déi gesot hunn: „Dee Sujet do, dee gehéiert an d'Parlament!“

A mir huelen de Precedent op vun der Crise financière et bancaire, déi et 2007/2008 gouf. An am November 2008, Dir Dammen an Dir Hären, ass hei unanime ën-nert der Fiederféierung vun engem Charles Goerens, deen deemools Fraktiounssprecher vun der Demokra-tescher Partei war, eng Resolutioun erabruucht ginn.

An eise Wuertlaut ass sensiblement a gewollt sensiblement dee selwechten, fir eng Commission spéciale – deemools war et den honorabele Lucien Thiel, dee se presidéiert huet – iwwert de Suivi vun den Auswier-kungen ekonomescher, wirtschaftlecher a sozialer Aart a Weis vun der Crise bancaire et financière vun dee-mools eropzebréngen. Dat ass e Recht an dat ass eng Pflicht vun engem demokratesche Parlament och an deem klenge Lëtzebuerg!

An duerfir géif ech Iech bieden, Dir Dammen an Dir Hären, dass mer zesummen, Opposition a Majoritéit, kéinten d'Asetze vun esou enger Commission spéciale befürworten. Ech kann Iech just soen, dass no Gesprä-cher, déi ech hat mat der Fraktioun vun der ADR, mat der Fraktioun vun déi Lénk a mat der Fraktioun vun de Piraten, dës Resolutioun schonns 29 Stëmmen dréit. An ech wier frou, wann och d'Majoritéit dat net hei 31 géint 29 of géif leenen, mee wa se d'Asetze vun esou enger Spezialkommissioun géif befürworten.

Ech soen Iech Merci.

**Résolution**

« *Instauration d'une commission spéciale “flambée des prix énergétiques”* »

*La Chambre des Députés,*

– *préoccupée par la flambée des prix énergétiques et son impact dans les domaines budgétaire, économique, monétaire et social;*

– *consciente de sa double fonction de contrôle et d'impulsion politique,*

*décide*

– *d'instaurer une commission spéciale destinée à suivre régulièrement tous les aspects relatifs à la flambée des prix énergétiques et son impact économique et social de façon globale.*

(s.) Gilles Roth, Martine Hansen, Marc Spautz, Claude Wiseler, Michel Wolter.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth.

**10. Heure d'actualité du groupe politique CSV sur l'approvisionnement et la sécurité énergétiques au Luxembourg et en Europe**

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Energieversuergung an d'Energiesécherheet, déi d'CSV-Fraktioun ugefrot huet. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Paul Galles als Verrieder vun der CSV-Fraktioun. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, mir schwätzen iwwer e ganz seriöt Theema. Wann een de Moment iwwert d'Theema Energie schwätzt, dann huet et eigentlech zwou Dimensiounen. Déi eng Dimensioun ass déi, déi mer elo just och haten, vun de Präisser, déi op de Leit laaschten, op de privaten Haushalter, op de Betribler an op all deenen aneren, déi op Energie zu Lëtzebuerg ugewise sinn. An hei an der Chamber ass scho vill driw-er diskutéiert ginn a mir haten et als CSV fréizäiteg do ganz vill Iddien erabruucht.

Dat anert Theema, wat mat deem Theema Energie ze-summenhänkt a wat ganz seriö ass, dat ass déi grouss Hannergrondfro vun der Opstellung a vun der Onof-hängegkeet vun eisem Energiesystem, d'Sécherheet vun eiser Energieversuergung zu Lëtzebuerg an an Eu-ropa.

An natierlech sinn déi zwee Theeme matenee verbon-nen! Dat hu mer och d'lescht Woch gemierkt: Wat méi Energiesécherheet do ass, wat de Präis erëm méi erfro-geet, a wat d'Onsécherheet méi grouss ass, wat de Präis erëm eropgeet, och wann de Marché mat senge Gesetzer, besonnesch wann en antizipéiert natierlech, do säin Deel dozou bäidréit.

A mir sinn ëmmer nach der Meenung a mir hunn et elo just gesot, mäi Fraktiounschef, de Gilles Roth, huet et gesot: Et muss elo séier goen, et muss eppes gemaach ginn an et kann ee ganz vill Saachen elo op de Leescht huelen, fir eeben ze kucken, wéi déi Präisser elo kënne gehandelt ginn.

Hannendrun awer, Här President, Léif Kollegeinnen a Kollegen, steet dat grousst Theema vun eiser Energie-sécherheet, vun der Versuergungssécherheet zu Lëtze-buerg, an Europa, an zwar kuerzfristeg, mëttelfristeg an och laangfristeg. Well déi Konfliktsituatioun, déi mer de Moment hunn an der Ukrain mat deem Krich, dee Russland do féiert, déi stellt eis jo a Fro an déi stellt eisen Energiesystem a Fro an eis Energiesécherheet a Fro.

An ech hu scho matkritt an et gouf jo och widderholl, dass fir dëse Wanter an dëst Fréijoer alles esou wäit, wéi et schéngt, sécher ze sinn. A mir begrëissen och, dass déi ganz Gesetzer, déi ëm d'Späichergesetzer ginn, elo sollen an anere Länner op de Wee bruecht ginn, fir dass eis Späicher solle strateegesch méi geféllt ginn.

An trotzdem stellt sech déi Fro, Här President: Wa mer hei zu Lëtzebuerg an an Europa eng Ofhängeg-keet vu Russland hunn an an Europa – ech soen déi Zuelen emol einfach hei, déi ech héieren hunn – 41 % vum Gas aus Russland kommen, 26 % vum Réiueleg a 46 % vun der Kuel, da stellt sech natierlech d'Fro fir dat nächst Joer, wat dat bedeit fir eis allegueren. Wat bedeit déi Situatioun vum Moment?

An natierlech ass et kloer, dass et guer net drëms geet, dat eent géint dat anert auszespillen. Mir hunn zwee kloer Ziler: d'Energiesécherheet ze ga-rantéieren, op där enger Säit, an op där anerer Säit awer eis Klimaziler net ze gefäerden. An dat ass eng



Situatioun, déi am Moment relativ schwiereg ass a schwiereg ze léisen ass.

Et ass kloer fir eis, dass déi erneierbar Energien esou séier an esou massiv an esou gutt wéi méiglech musen ausgebaut ginn. Dat jo! Mee d'Fro ass: wéi? Wéi komme mer op dee Punkt, dee mer elo wëllen hunn? A wéi komme mer op dee Punkt, dass mer zugläch vu Russland kënnen onofhängeg ginn an awer hei zu Lëtzebuerg an an Europa eis Energie onofhängeg kënnen gestalten?

D'EU huet en Zéngpunkteprogramm virgeluecht, mat deem se wëllt méi a méi, souguer innerhalb vun engem Joer zu engem Drëttel, onofhängeg gi vun de Russen.

Wat, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat, Här Minister, bedeit dat fir eis? Wat heescht dat fir eis kuerzfristeg, mëttelfristeg a laangfristeg? Wéi iwwersetzt sech dat op d'Lëtzebuurger Situatioun? Mir hätten do gären Zuelen, mir hätten gären eng Statistik, mir hätten gären eng Trajectoire. Mir géife gäre wëssen, wat déi europäesch Entscheedunge bedeite fir Lëtzebuerg a fir eis Lëtzebuurger Bierger a Biergerinnen.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Wat geschitt mat eis zu Lëtzebuerg op déi Entscheedungen hin, déi elo an Europa getraff gi sinn? Wat wäert passéieren?

An och déi Fro un Iech natierlech: Hutt Der esou eng Strategie? Hutt Der eng Strategie, fir d'Transitioun ze gestalten? Gëtt et eng Simulatioun derfir? Well dat ass nämlech dat, wat mer gären hätten, an ech mengen och, wat mer eise Bierger a Biergerinne schëlleg sinn, eng Simulatioun vun där Transitioun, fir dass mer alle guerte wëssen, souwuel déi Privat wéi och d'Betriber an all déi aner, déi un eiser Energie hänken, wat an nächster Zäit wäert op eis duerkommen.

Wat ass, wa Russland de Krunn zoudréit? Wat passéiert dann dee Moment? Wat passéiert an deem Moment, wou den Embargo ausgeschwat gëtt? Wat maache mer an deem Moment, wou mer iergendwéi op iergendeng Aart a Weis net méi op déi russesch Energie kënnen zrëckgräifen, entweeder well mir et net méi wëllen oder well si et net méi wëllen? Wat heescht dat fir eisen Energiemix?

Do stelle sech eng ganz Rei Froen hannendrun an ech wëll se hei stellen, well mer mengen, dass mer genau déi dote Froe beäntwert brauchen, eebe grad weinst der Planungssécherheet op all deenen Niveauen, déi sech herno och op de Präis wäerten auswirken an dann och eng Rei Problemer schonn um Präisniveau wäerte matbehiewen.

Wat heescht dat fir deen Energiemix, dee mir zu Lëtzebuerg an nächster Zäit wäerten hunn? Wat wäert passéieren hei zu Lëtzebuerg? Wat fir Alternativen hu mir? An op wat fir Alternative wëlle mer setzen? Wat fir eng Alternative wëllt d'Regierung iwwerhaupt am Angebot behale fir déi nächst Joren?

Wat heescht dat zum Beispill fir déi erneierbar Energien zu Lëtzebuerg? Wéi vill erneierbar Energien, Här Minister, sinn hei zu Lëtzebuerg iwwerhaupt méiglech, theoretesch, technesch an awer och realistesch? Dat sinn nämlech dräi verschidden Zenarien! Wat ass hei zu Lëtzebuerg méiglech? Wat kënnen mer maachen als Puffer an als Späicher? Well mir wëssen, dass déi erneierbar Energie leider doduerch ausgezechent sinn, dass se eng Volatilitéit hunn. Mir brauche Puffer a mir brauche Späicher!

Wat gëtt deen Energieträger, dee genau déi dote Leeschtunge bréngt? Wäert et iergendeng Form vu Gas sinn? Wäert et de Waasserstoff sinn, deen déi Leeschtung wäert bréngen, déi mer brauche fir Späicher a fir Puffer?

Dat heescht awer och, dass déi Fro wäert gestallt ginn, an dat wëll ech an där Simulatioun do gäre mat abauen: Wat heescht dat fir d'Acteuren am Lëtzebuurger Marché? Wat mussen deen an nächster Zäit leeschten? Well de PNEC geet jo net méi duer! Mir si jo elo an enger neier Situatioun, wou mer eis mussen déi Fro stellen: Wat passéiert, wa mer alles dat do, wat Russland eis liwwert, net méi hunn, net méi wëllen, ganz, zum Deel oder wéi och ëmmer dat da wäert ausgesinn? Wat heescht et fir d'Netzbedreier, fir d'Entreprises, fir d'Gemengen, fir d'Privatleit? A wat gëtt och gemaach, fir dass mer an den eenzelne Beräicher kënnen benennen, wat dat fir déi doten Acteure bedeit?

Wat heescht et awer och fir international Kooperatiounen? Mir hunn elo déi Energieinsel an Dänemark, wat e ganz gudder Projet ass, an deem mer participéieren. Mee wat heescht et fir weider international Kooperatiounen? Wou leien do Projeten um Dësch? Wéi kréie mir erneierbar Energien, andeems mer se eebe kënnen akafe goen? Gëtt et mam südlechen Europa, do, wou vill Sonn ass, Kooperatiounsméiglechkeeten? Gëtt et aner verschidde Méiglechkeete mat de Kapverden, en Thema, wat mer scho länger beschwat hunn déi ganzen Zäit? Wat gëtt et do fir Méiglechkeeten och bei den internationale Kooperatiounen?

Awer, Här Minister, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et stelle sech jo nach eng ganz Rei aner Froen. Wann déi doten Onofhängegkeet vu Russland soll kommen a wa mer wëllen eisen Energiesystem esou ëmstellen, dass e sécher bleift, zugläch eis Leit net fréieren a mer och eis Klimaziler net verpassen, wat heescht dat zum Beispill fir eist Stroumnetz? Wat hält eist Stroumnetz am Moment iwwerhaupt aus, souwuel op Héich-, Mëttel- wéi awer och op Niddregspannung? Wat heescht dat fir déi Stroumzoufuer an en Haus eran?

Well et ka jo net méi sinn, dass mer Haiser bauen, Appartementshaiser, wou et onméiglech ass, technesch a physesch onméiglech ass, herno esou vill Bornen ze installéieren, dass déi Leit, déi do wunnen, dann tatsächlech kënnen hiren Auto elektresch lueden, wa se dat wëllen. Dat därer net méi de Fall sinn! Wat heescht dat dann eigentlech heifir?

Wat bedeit et awer och fir déi grouss Fro, déi natierlech am Hannergrond steet, nämlech vun der Nuklearenergie? Gitt Dir, Här Minister, dem Här Habeck Recht, deen elo haart doriwwer iwwerleet, ob een net muss d'Atommeiler lafe loossen, fir dass mer eng Transitiounsenergie hunn?

Wat hu mer als weider Méiglechkeeten? Wéi gitt Dir mat där doter Fro ëm, dat heescht awer och mat där Fro, déi sech an deem Kontext och nach stellt: Wéi ass et mat den Importer vun LNG-Flësseggas, wat jo eng deier Energie ass an och net ganz propper ass? Wat maache mer domat? Wéi kënnen mer déi gebrauchen?

Wat bedeit et fir den Developpement vum Waasserstoff? Ech hu viru Kuerzem do en Artikel gelies, dee war op ZDF op hirer App, nämlech en Artikel, deen heescht: „Wéi de Putin eis Energie wend beschleunegt“. An an deem Artikel gëtt kloer gesot, dass déi Situatioun, déi mer elo kréien, wäert dozou féiere kënnen, dass et e Boom beim Waasserstoff gëtt. Wéi kann een dee Boom beim Waasserstoff hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen?

Do gëtt souguer dovun geschwat, dass déi däitsch Botschaften a strateegesch ausgewielte Länner wäerten extra Büroen ariichten, Waasserstoffbüroen, fir do eeben eng ekonomesch Kooperatioun opzebaue mat deene Länner a Richtung vum Waasserstoff, fir selwer herno natierlech als Land, als Däitschland, dann e grouss Verdeeler vum Waasserstoff ze ginn.

Wat heescht dat fir eis Lëtzebuurger Waasserstoffstrategie, déi jo awer bis 2030 eigentlech grosso modo

virgesäit, dass vill Etüde gemaach ginn, e legale Kader geschafe gëtt, mee bis 2030 net ganz vill passéiert, well natierlech d'Premiss déi ass, dass de Waasserstoff muss gréng sinn, ier en iwwerhaapt fléisst? Mee d'Fro ass: Wat kënnen mer dann elo maachen an dëser haiteger Situatioun? Wéi gesitt Dir dat? Kënnen mer elo direkt esou séier wéi méiglech mam Waasserstoff ufänken, fir deen ze gebrauchen?

Här Minister, mir brauchen Zuelen, mir brauchen eng Simulatioun. Well déi Situatioun hei, mengen ech, huet sech dramatesch geännert a si ass anescht wéi déi Situatioun, vun där mer a leschter Zäit ëmmer ausgaange sinn. Do stelle sech Froen och bei der Energieeffizienz, deene ganzen Hëllef, déi an deem Beräich sinn.

An et stellt sech natierlech och d'Fro: Wat passéiert dann am Noutfall vun engem Energieenkpass? Gëtt et esou eng Simulatioun am Ministère? Wat fir eng Beräicher wäerten da prioritär versuergt ginn a wat fir eng kënnen dann eeben net prioritär versuergt ginn? A kënnen mir dovun ausgoen, dass mer ëmmer nach genuch Stroum hunn, fir eis hei an der Chamber anzeloggen?

Déi Fro, Här Minister, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi Fro, déi sech stellt: Wat passéiert an nächster Zäit opgrond vun där Onsécherheet, déi sech elo mat Russland stellt?

Mir wëllen als CSV déi Diskussioun féieren ouni Scheiklappen, ideologiefrei, technologieoffen a pragmatesch. Mir brauchen nämlech e Plan d'urgence fir d'Energie a fir de Klima.

Ech soen Iech villmools Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och.

An den éischte Riedner ass den Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. D'Energiepolitik ass eng vun den zentralen Erausforderungen vum eiser Zäit, an dat net eréischt zanter dem Krich an der Ukrain. De Klimawandel fuerdert eis eraus, eis komplett nei opzestellen a generell vill méi onofhängeg, fir net ze soe komplett onofhängeg, vu fossilen Energien ze ginn.

Mee duerch de Krich an der Ukrain ginn eis d'Urgence an d'Wichtigkeet heivun nach emol vill méi staark bewosst. De Krich an der Ukrain féiert eis op dramatesch Aart a Weis virun Aen, wéi ofhängeg den europäesche Kontinent vun Energieimporter ass, besonnesch vun engem Acteur wéi Russland, deen eis net gutt gesénnt ass.

Mir mussen net just generell onofhängeg vu fossille Brennstoffen ginn, mir mussen elo och zousätzlech ganz séier onofhängeg vu russeschen Importer ginn. Et gëtt keen, deen net wëilt am léifsten direkt Aliiwirung vu russeschem Gas an Ueleg stoppen. Et gëtt keen, deen dem Putin säi kriminelle Krich finanzéiere wëllt, an et gëtt och keen, dee just nach een Cent aus wëllt ginn, fir seng Aggressiounen ze bezuelen.

Mee gläichzäiteg, an dat ass déi ganz Tragik vun der aktueller Situatioun, si mer eis bewosst, wéi eng Schwieregkeeten e kuerzfristige komplette Boykott mat sech géif brénge fir d'Stéit, fir d'Betriber, jo, fir eis ganz Gesellschaft. Mir erlieden elo schonn, wéi d'Präisser op der Pompel explodéieren, an dat, obwuel de Gas an de Pétrol nach ëmmer fléissen. Dat heescht awer net, dass net alles gemaach muss ginn, fir déi Importer maximalst ze reduzéieren.

Als DP soe mir ganz kloer, dass mir alles mussen drusetzen, fir dat ze erreechen, zu Lëtzebuerg selwer gradewéi zesumme mat eisen europäesche Partner!



Et ginn an dëser Diskussioun zwee Voleten: Engersäits musse mer kuerzfristeg Mesuren huelen. Mir mussen eisen Approvisionnement séier diversifizéieren an déi russesch Importer duerch aner Liwwerungen ersetzen. Eng Pist ass zum Beispill, dass mer méi op Importer vu flëssegem Äerdgas setzen. Mir mussen eis och op den nächste Wanter preparéieren. Mir mussen elo derfir suergen, dass mer net an engem hallwe Joer déi selwecht Situatioun hunn, wéi dat d'lescht Joer de Fall war.

D'Stéchwuert ass dowéinst: Reserven uleeën. D'Stockagë musse gutt gefëllt sinn. Mat REPowerEU huet d'Europäesch Kommissioun e Plang virgeluecht, wéi d'Energiesécherheet an -onofhängegkeet verstärkt kënne ginn. Bis Enn des Joers sollen d'Gasimporter aus Russland ëm zwee Drëttel erofgoen. Als DP begrëisse mir dës Ambitiounen, och wa mer musse kucken, ob mer net doriwwer eraus kënne goen.

Derbäi kënnt, dass mer als EU wierklech onofhängeg musse ginn, net just vu russeschen Importer, mee insgesamt vu fossille Brennstoffen. Dofir brauche mer och anerersäits mëttel- a laangfristeg Mesuren. Just de konsequenten Ausbau vun erneierbaren Energie kann eis onofhängeg maachen a verhënneren, dass Energie als geostrateegesch Waff géint eis gebraucht gëtt.

Zu Lëtzebuerg hu mer an de leschte Jore scho vill Efforten an där Hisiicht gemaach, mee dat geet natierlech nach laang net duer. D'Zil ass et jo och net, komplett autonom ze ginn an all de Stroum, dee mer verbrauchen, selwer ze produzéieren, mee et ass trotzdem hei am Land nach vill Sputt no uewen.

Kucke mer eleng d'Wandenergie. Wann ee bedenkt, wéi laang an ëmständlech déi Prozedure sinn, bis dass een eng Geneemegung fir e Wandrad oder e Wandpark kritt, dann ass et kee Wonner, dass mer nëmme lues virukommen. Do musse mer besser ginn. Iwwerall do, wou et Sënn mécht, muss Wandenergie séier a konsequent ausgebaut ginn. Et geet jo net drëms, Ëmweltschutz a Klimaschutz géinteneen auszepillen. Et ass einfach d'Tatsaach, dass esou Projeten am Moment nach vill ze laang ausgebremst ginn duerch laangwierreg Prozeduren.

De Premier huet weider Efforten an déi Richtung a senger Ried zur Lag vun der Natioun annoncéiert. Mir mussen nämlech eis Geneemegungsprozeduren daitlech beschleunegen.

Och wat d'Fotovoltaik betrëfft, hu mer nach vill Potenzial zu Lëtzebuerg, besonnesch op besteeënde Gebaier. De Staat soll hei mam gudden Beispill virgoen an iwwerall do, wou et méiglech ass, op ëffentleche Gebaier Fotovoltaikanlagen installéieren. Bei neie Gebaier mussen déi erneierbar Energie vun Ufank u matgeduecht ginn, dat versteet sech jo eigentlech vum selwen.

Schliisslech, wa mer vu Gas schwätzen: Wéi ee Gas kann een an Europa selwer produzéieren a wéi ee Gas kann den Äerdgas eigentlech komplett ersetzen? Ganz genee: den Hydrogeen!

Hätte mer haut schon d'Capacitäten, fir d'äers a grouse Quantitéiten ze produzéieren, da kéinte mer eigentlech op Gasimporter verzichten. Pipelines als Stockageméiglechkeete vun Äerdgas kënnen ouni Problem genotzt ginn, fir de Waasserstoff ze transportéieren. D'konventionell Gaskraaftwierker kënne geneesou gutt mat Waasserstoff bedriwwen ginn. Dofir géllt et elo, op europäeschem Niveau d'Produktioun massiv auszubauen.

Hei zu Lëtzebuerg Waasserstoff ze produzéieren, bitt sech am Fond net wierklech un. Mee un eise Küsten un der Nordsee, am Atlantik an um Mëttelmeer kann een dat awer maachen, a mir mussen dat och maachen, wa mer et eescht menge mat der Versuerungssécherheet!

Här President, laut Aussoe vun der Regierung ass d'Versuerungssécherheet zu Lëtzebuerg fir de Moment garantéiert. De Problem am Moment ass wuel éischter d'Präisdeierecht ofzefiederen an no neie Quelle fir eis Energie ze sichen. D'Léisungen dofir leien um Dësch. Déi erneierbar Energie sinn d'Energie vun der Zukunft. Si maachen eis net nëmmen onofhängeg, mee si erlaben eis et och, eis Klimaziler ze erreechen. Elo heescht et, dës Erausforderunge mat vill Elan an Determinatioun unzegoen a konkreet Resultater ze schafen!

Ech soen Iech Merci an ech soen och dem Kollege Paul Galles villmools Merci, fir dës wichteg Heure d'actualité op den Ordre du jour gesat ze hunn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Cécile Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Här President, Här Minister, léif Kollegen, léif Kolleginnen, merci dem Paul Galles fir dës wichteg Heure d'actualité an déi sëllege Froen, déi Der opgeworf hutt an déi och berechtigt sinn.

D'Europäesch Unioun ass kal erwëscht gi vun der russescher Invasioun, och op dëser Plaz an an dësem Kontext muss een dat nach eng Kéier ervirhiewen! Déi wéinegst vun eis hätte geduecht, dass et zu där Situatioun an och zu där Eskalatioun géif kommen, an där mir eis elo befannen.

De Krich, dee Russland ugestiwwelt huet, féiert Dag fir Dag zu onvirstellbarem Leed. D'Famillje ginn ausernee-gerappt. Si verléieren net nëmmen hir Existenz, mee och hir Léifsten. Wann d'Kannerkliniken an d'Maternitéiten an de Viséier geholl ginn, allerspéitstens da kritt den Ausdrock „Verbrieche géint d'Mënschlechkeet“ seng ganz Bedeitung!

Esou Verbrieche wëllt kee vun eis matfinanzéieren. Aus deem Grond ass et fundamental wichteg, dass mir an der Europäescher Unioun eis Efforten, fir eisen Energieapprovisionnement ze diversifizéieren, acceleréieren. Mir sinn eis bewosst, dass keng Sanktioun esou effikass wier wéi en Importstopp vu russeschen Energieträger, well Russland mat engem Coup keng frësch Devisë méi kréie géif.

Mir wëssen allerdéngs och, dass 44 % vum importéierte Gas an 48 % vum importéierte Pétrol vun der EU aus Russland kommen. D'Ofhängegkeet vum russesche Gas variéiert natierlech relativ staark vu Memberstaat zu Memberstaat. Esou importéiert Däitschland 54 % vum sengem Gas aus Russland, Frankräich just 17 %. Lëtzebuerg ass un dat belscht Gasnetz ugeschloss. An d'Belsch hirersäits sinn um hollännesche Réseau connectéiert. Ënnert dem Stréch komme knapp 25 % vun eisem Gas zu Lëtzebuerg aus Russland.

D'Europäesch Kommissioun huet am Kader vun der Strategie REPowerEU proposéiert, d'Importatiounen vu russeschem Gas fir den nächste Wanter ëm 70 % ze reduzéieren. Gläichzäitig wäert awer och d'Europäesch Kommissioun am Abrëll eng Gesetzespropos op den Dësch ze leeën, fir all Reservoir vu Gas obligatoresch op 90 % opfëllen ze loosse bis den 1. Oktober. Ganz op russesch Importer verzichte kënne mir Europäer awer kuerz- a mëttelfristeg net – leider net!

Déi international Energieagence AIE huet der EU scho recommandéiert, keng laangfristeg Kontrakter méi mat Russland ze erneieren, an 2022 lafe Kontrakter iwwer e Volume vu 15 Milliarde Meterkibb aus. D'AIE huet evaluéiert, dass d'EU kuerzfristeg ongeféier 30 Milliarde Meterkibb u Gas bei aner Fournisseure ka siche goen: Een Drëttel iwwert de Wee vu Pipelines ass aus Norwegen an Aserbaidjan, déi aner zwee Drëttel sinn ënnert der Form vu Flësseggas aus den USA a

Katar iwwert de Wee vum Schëfftransport. Dëst setzt natierlech viraus, dass mir an der EU konsequent eis Infrastrukturen an den Häfen ausbauen, fir méi Flësseggas och importéieren ze kënnen.

Mir hunn an der EU leider de Feeler gemaach an der Vergaangenheet, dass mir d'Infrastrukture ronderëm den Approvisionnement ze vill dem private Marché iwwerlooss hunn, dee vu sech aus déi néideg Investitiounen leider net getätigt huet, fir genuch LNG-Stationen an den Häfen ze bauen. Nëmme esou kann een och verstoen, firwat e Land wéi Däitschland net eng eenzeg LNG-Station huet. LNG bedeit méi Opwand an domat och méi Käschten. De private Marché huet déi méi gönschteg Alternativ gesicht, an dat war de russesche Gas.

Energie huet awer net nëmmen eng reng wirtschaftlech Komponent, mee, wéi de Max Hahn och scho gesot huet: Et ass och eng geopolitesch Fro. Dëst si mer eis an de leschte Woche schmärzlech bewosst ginn.

Däitschland huet och seng Léiere gezunn an et wäerten elo zwou LNG-Stationen gebaut ginn. Och Finnland an Italien hu weider LNG-Stationen geplangt, soudass mer am Moment elo an der EU wuel 26 LNG-Stationen insgesamt hunn. Mee kuerz- a mëttelfristeg wäerte mer op méi LNG-Importer kënnen zrëckgräifen.

Deen eenzege Schlëssel, fir eis mëttel- a laangfristeg energiepolitesch méi onofhängeg ze maache vun den net demokratesche Regimier, ass awer de konsequenten Ausbau vun den erneierbaren Energien an der EU, virun allem am Beräich vun de Fotovoltaikanlagen a vun der Wandenergie.

Déi erneierbar Energie gehéiere kengem Land – ech hunn et schon eng Kéier op dëser Plaz gesot – a scho virun allem guer kengem Despot. Fir et mat de Wierder vum Vizepräsident vun der EU-Kommissioun Frans Timmermans ze soen – iwwregens en charge vum Pacte vert –, hie sot: „Amplaz d'Industrie vun de fossilen Energieträger anerwärts ze finanzéieren, kommt, mir ginn op de Wee vun den erneierbaren Energien, ouni ze waarden, a mir schafen Aarbechtsplaze bei eis!“

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Als LSAP gesi mir dat och esou. Als LSAP si mir weider och der Meinung, dass een elo net duerf de Feeler maachen, sech der Nostalgie vun der Atomkraaft hierzeginn. Atomkraaft ka keng propper Energie sinn, well mir keng nohalteg Léisung fir dee ville radioaktiven Offall hunn. Et muss een och ëmmer erëm an der ëffentlecher Diskussioun drun erënneren, dass och den Uran eng Matière première ass, déi ënner schwierigen Aarbechtskonditiounen muss vun iergendwou hierkommen. Vu Sécherheet a Geforerisiko, mengen ech, brauch een hei guer net méi ze schwätzen.

Här President, ech kommen direkt zum Schluss, net ouni awer nach séier drop hinzewiesen, niert der energieetescher Transitioun, dass mer natierlech och den Akzent op Energieeffizienz musse leeën. Jiddweree vun eis ass hei en Deel vun der Léisung, wann een hëlleft, Energie anzespueren. Mir hunn et zu Lëtzebuerg iwwregens fäerdegbruecht, tëschent 2010 an 2020 eis Energieimporter ëm ëmmerhi 24 % ze reduzéieren! Well déi bescht Energie, léif Kollegen, léif Kolleginnen, ass nämlech déi, déi iwwerhaupt net muss produziert a verbraucht ginn! Eis Mobilitéit méi nohalteg ze gestalten, eis Haiser energieetesche ze sanéieren, hëlleft deemno net nëmmen an der Lutte géint de Klimawandel, ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Madamm Hemmen ...



**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | ... mee dréit och zur Energiesécherheet bäi.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Pardon.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Pardon ugeho! Déi nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madam Jessie Thill.

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Här Chamberspresident, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, fir d'éischt wéilt ech gären dem Paul Galles Merci soe fir dës wichteg Heur d'actualité. D'Entwécklung vun den Energiemäert vun de leschte Méint, a besonnesch duerch déi dramatesch Verännerung vun onser Sécherheetslag an de leschte Wochen duerch dem Putin säi Krich an der Ukrain, weist, datt mir eng héich Ofhängegkeet hunn an dëst e Risiko fir eis Energiesversuergung an der EU an zu Lëtzebuerg ass.

Dës sinn allerdéngs keng nei Informatiounen. Mir ënnersträichen eis Standpunkter, wat den Austrëtt aus de fossillen Energien an d'erneierbar Energieproduktioun ubelaangt. D'EU importéiert 41,1 % vun hirem Gas aus Russland. Lëtzebuerg, via Däitschland an d'Belsch, tëscht 20 a 25 %. Woubäi ee soe muss, dass d'Belsch mëttlerweil manner aus Russland importéiert an dass esou de Pourcentage warscheinlech méi kleng ass.

Esou Ofhängegkeete vu fossillen Energieimporter, besonnesch vun autokratesche Regimier, sinn net nëmme geféierlech, mee bréngen och ons Klimaziler net méi no.

Ech wëll hei déi dräi grouss Prinzippien aus dem „Fit for 55“ am Kader vum European Green Deal, deen d'Klimaneutralitéit bis 2050 viséiert, fir den Iwwergang op propper Energië rappeléieren:

– eng sécher an erschwénglech EU-Energieversuergung;

– d'Entwécklung vun engem interconnectéierten an digitaliséierten EU-Energiemaart;

– méi Energieeffizienz, d'Verbesserung vun der Performance énergétique vun onse Gebäier an d'Entwécklung vun engem virun allem op erneierbaren Energië baséierenden Energiesektor.

D'Cécile Hemmen huet et och erwänt: D'Europäesch Kommissioun huet elo de REPowerEU proposéiert, an deem eng Rei Mesuren dra sinn, déi ons méi onofhängeg maachen an eis an engems onse Klimaziler méi no bréngen:

– e méi diversen Approvisionnement beim Gas.

– Och fir op den nächste Wanter preparéiert ze sinn, müssen d'Gasstockagë bis den 1. Oktober zu 90 % gefëllt sinn.

– Parallell muss schnell ons Ofhängegkeet vu fossillen Energië reduzéiert ginn.

– A mir däerfen och net zouloossen, datt nei Ofhängegkeete geschafen an ënnerstëtzt ginn. E Revival vun der Atomkraaft, wéi se elo vun e puer Politiker erëm an d'Gespräch bruecht gëtt, géif ons weeder schnell genuch weiderbréngen, nach wier et eng intelligent Äntwert op d'Fro vun der Ofhängegkeet vun Europa.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Well och bei der Atomkraaft brauch et Uranimporter. Frankräich zum Beispill importéiert 29 % vu sengem Uran aus dem Kasachstan, e Land ënner russeschem Afloss, dat net fir seng gutt funktionéierend Demokratie bekannt ass.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Hei zu Lëtzebuerg läit d'Ofhängegkeet vu fossillen Energien aktuell bei héije 95 %. Onse Klima- an Energieplang gesäit hei eng Rei Moosssname vir. An, Här Galles, ech weess net, ob ee soe kann, ob et net duergeet. Mee wat sécher ass, dat ass, dass duerch déi aktuell Situatioun dës Klima-plang eng aner Bedeitung krut an dass e méi schnell muss ëmgesat ginn:

– den Ausstieg aus de fossillen Energien an d'Verbesserung vun der Energieeffizienz.

– Doduerch gi mir méi resilient a manner de Risiko vu Präisschwankungen a -schocks op den Energiemäert ausgesetzt.

– Donieft gesäit de PNEC eng konsequent Elektrifizéierung an Optimiséierung vun eise Stroumnetzer vir

– ewéi och d'Diversifizéierung vun onser Energieversuergung.

– Ausserdeem solle Produktiouns- a Verbrauchermuster méi staark op d'Kreeslafwirtschaft ausgeriicht ginn.

Wéi den Här Hahn et och scho sot: Lëtzebuerg wäert ëmmer ofhängeg vun Energieimporter bleiwen. Dofir ass et wichteg, mat den Nopeschlänner grenzüberschreidend zesummenzeschaffen an erneierbar Energien esou wäit et geet auszubauen.

Här President, wat mir elo konkret vun der Regierung brauchen, fir eng nohalteg Energietransitioun hinzekriien a méi onofhängeg ze ginn, ass:

– datt d'Moosssname vum „Fit for 55“ méi schnell ëmgesat ginn an d'Moosssnamen aus dem REPowerEU-Programm vun der Kommissioun vun der lëtzebuerger Regierung matgedroen an ëmgesat ginn;

– datt mir nach méi schnell aus de fossillen Energien erausklammen, fir onofhängeg vu Pétrol, Gas a Kuel ze ginn;

– datt mir eis weiderhi géint all Initiativ stellen, déi Atomenergie als nohalteg astuift;

– datt d'erneierbar Energien ausgebaut ginn um privaten an um Entreprisenniveau a gréisser Projete gefërdert ginn;

– datt de Staat seng Virreideroll am Beräich vun der Energieeffizienz an den erneierbaren Energië renforcéiert;

– datt och d'Gemenge méi staark encouragéiert ginn, fir aus de fossillen Energien erauszeklammen;

– datt Mesuren ergraff ginn, fir de Beruff vun dem/der Handwerker/in méi ze promovéieren a géint déi aktuell Penurie virzegoen, fir datt mir och déi Fachleit hunn, déi mer brauchen, fir dës Transitioun ze ënnerstëtzen;

– datt méi Efforte gemaach gi fir d'Informatioun an d'Sensibiliséierung fir all d'Energiekonsumenten, sief dat Privatleit, Betriber oder Industrie, vun der nei ëmgedeelter Klima-Agencie.

An dësem Kontext wéilt ech dann och gär eng Motioun deposéieren am Numm vun de Majoritéitsparteien, déi déi grad uewe genannte Punkten erëmhält.

### Motion 1

« Approvisionnement et sécurité énergétiques du Luxembourg »

La Chambre des Députés,

considérant

– les enjeux énergétiques de la guerre en Ukraine, menée par le président de la Russie et représentant une menace potentielle pour la sécurité énergétique des pays membres de l'Union européenne ;

– que cette nouvelle réalité géopolitique et des marchés de l'énergie nous oblige à accélérer la sortie des énergies

fossiles par la transition vers plus d'efficacité et de sobriété énergétique et les énergies renouvelables ;

– qu'il s'agit en conséquence d'accroître notre indépendance énergétique vis-à-vis des fournisseurs ne respectant pas la charte universelle des droits humains et utilisant l'énergie comme levier géostratégique ;

– que l'urgence climatique et environnementale exige une mise en œuvre immédiate de mesures ambitieuses dans le domaine des énergies renouvelables, de l'efficacité énergétique et de la réduction des émissions de gaz à effet de serre ;

– que le Luxembourg importe à l'heure actuelle 95 % de ses besoins en énergies fossiles (pétrole, gaz) ;

– que la transition énergétique suppose de remplacer à terme toutes ces énergies fossiles par l'électricité produite à base d'énergies renouvelables et d'hydrogène produit à base d'électricité renouvelable ;

– que la dépendance énergétique de certains pays membres de l'Union européenne par rapport à l'énergie nucléaire englobe la chaîne du combustible, l'extraction, l'uranium et le traitement des déchets ;

– le paquet « Fit for 55 » dans le cadre du green new deal, adopté en juillet 2021 par l'Union européenne ;

– les objectifs climatiques ambitieux du Luxembourg visant :

◦ à atteindre la neutralité climatique au plus tard en 2050 ;

◦ à réduire les émissions de gaz à effet de serre de 55 % à l'horizon 2030 par rapport au niveau de 2005 ;

◦ à accroître la part des énergies renouvelables dans la consommation d'énergie finale brute à 25 % en 2030 ;

◦ une efficacité énergétique de 40 à 44 % d'ici 2030 par rapport aux primes européennes (2007) ;

saluant

– que le Luxembourg détient des stocks nationaux de pétrole de 90 jours et aux alentours ;

– la baisse de consommation continue de pétrole, notamment de diesel, durant les dernières années suite à l'introduction d'un prix CO<sub>2</sub> et à la promotion conséquente de l'électromobilité ;

– que la sécurité d'approvisionnement est assurée par les pipelines de gaz vers la Belgique et l'Allemagne et la création récente d'un marché belgo-luxembourgeois ;

– que la sécurité d'approvisionnement est améliorée par le plan « REPowerEU – action européenne conjointe en faveur d'une énergie plus abordable, plus sûre et plus durable » de la Commission européenne, adopté le 8 mars 2022 et visant à rendre l'Union européenne indépendante des combustibles fossiles russes avant 2030, notamment en :

◦ préparant l'hiver prochain en constituant des réserves de gaz suffisantes notamment en créant une obligation de remplissage des stockages de gaz existants à 90 % au début de l'hiver ;

◦ diversifiant l'approvisionnement en gaz des nouveaux fournisseurs notamment à travers des importations de GNL ;

◦ réduisant rapidement notre dépendance à l'égard des combustibles fossiles notamment par une accélération des mesures d'efficacité énergétique au niveau des ménages (systèmes de chauffage), et de l'industrie ;

– que le Luxembourg a un des systèmes électriques les plus modernes de l'UE ;

– que ce système est intégré dans le réseau de l'électricité européen ;

– les plans ambitieux nationaux de continuer à optimiser le système électrique ;



– la coopération régionale au sein du groupe de soutien sur la sécurité d'approvisionnement du « Forum pentalateral de l'Énergie » (PLEF) ;

– le « projet 380 », qui a comme objectif de garantir la sécurité d'approvisionnement du pays à long terme avec une connexion au réseau allemand de 380 kV ;

– les mesures d'ores et déjà mises en œuvre ou planifiées par le Gouvernement dans le cadre du PNEC ;

– que la part des énergies renouvelables dans le mix électrique national s'élève à 64,3 % (2020) ;

– la création de la « Klima-Agence » ayant comme objectif d'accompagner les différents consommateurs dans leurs choix de consommation durables et de baisser ainsi leurs besoins en énergie,

invite le Gouvernement

– à continuer à œuvrer au niveau européen pour réduire de façon considérable la dépendance des énergies fossiles dans tous les secteurs, favorisant ainsi la sécurité énergétique au niveau européen et au Luxembourg et, dans ce contexte ,

◦ à s'engager pour une mise en œuvre accélérée du paquet « Fit for 55 » et du plan « REPowerEU » ;

– à mettre l'accent sur l'élimination progressive de la dépendance à l'égard des énergies fossiles (pétrole, gaz et charbon) et à l'énergie nucléaire ;

– à continuer à s'opposer à toute initiative européenne classifiant l'énergie nucléaire comme solution durable à la crise énergétique actuelle ;

– à accélérer la transition énergétique au Luxembourg en :

◦ réduisant sa dépendance aux énergies fossiles ;

renforçant le développement des énergies renouvelables de manière transversale et promouvant davantage l'efficacité énergétique et les économies d'énergie en :

• renforçant le rôle pionnier de l'État dans les domaines de l'utilisation des énergies renouvelables et de l'amélioration de l'efficacité énergétique, notamment à travers le rôle actif de l'Administration des bâtiments publics ;

• encourageant et incitant davantage les communes à accroître leurs efforts à sortir des énergies fossiles ;

• prenant des mesures stratégiques contre la pénurie de main d'œuvre dans le secteur de l'artisanat du Luxembourg ;

• analysant l'opportunité d'accroître les efforts de sensibilisation et l'information des différents types de consommateurs aux sujets des énergies renouvelables et de l'efficacité énergétique, notamment à travers la « Klima-Agence » ;

◦ poursuivant la modernisation des réseaux électriques ;

◦ renforçant les mesures de soutien à la population, aux entreprises et à l'industrie afin de leur permettre de réduire plus rapidement leur dépendance envers les énergies fossiles.

(s.) Jessie Thill, François Benoy, Max Hahn, Cécile Hemmen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci.

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Här President, fir ofzeschleissen: Et ass erëm Krich an Europa. Mir befannen ons an enger schrecklecher Situatioun, déi eis Welt op laang Zäit verännere wäert. A wéi de François Benoy et d'lescht Woch scho sot: Amplaz elo ze panikéieren, muss mir an dëser schwiereger Situatioun zestummestoen, e klore Kapp behalen an intelligent an zukunftsorientéiert Entscheedungen huelen, déi ons méi onofhängeg maachen a gläichzäiteg onse Klimaziler méi no bréngen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci. Merci, Här President. Léif Kollegen, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ufänken an dem Här Galles Merci soe fir dës Aktualitéitsstonn an awer och bemierken, dass en eng Partie interessant Proposen hei gemaach huet, wou e gesot huet, et misst een technologieoppe sinn a keng ideologesch Scheiklappen hunn. Ech weess elo net genee, op wat dat geméint ass. Ech ka mer eppes virstellen, mee dat wier emol awer interessant ze wëssen hei am Kontext vun der Energieversuergung.

Wann ech schonn derbäi sinn iwwer meng Virriedner ze schwätzen: Ech war och e bësse verwonnert, wéi gesot ginn ass, dass ee misst oppassen, dass ee keng Energie méi importéiert aus autokratesche Länner. Do fällt mer nämlech an, dass et jo och, wat renouvelabel Energien ugeet, awer Projete ginn, fir Solarenergie an Nordafrika zum Beispill ze produzéieren. Ech mengen, wa mer iwwer autokratesch Länner schwätzen, dann dierft dat jo dann och net méi méiglech sinn. Dann dierfte mer just nach Stroum ..., also da misste mer dat dote fale loossen.

An dann nach dat doten, wat ech och nach wollt soen, wat ech héieren hunn: Allgemeng ass gesot ginn: „keng Importer méi aus autokratesche Länner!“ Ech mengen, mir müssen eis awer allegueren elo mol éierlech bewosst sinn, dass mer allegueren elo, wéi mer hei sinn, immens vill Saachen un eis droen, déi aus autokratesche Länner kommen, méi autokratesch nach wéi Russland. Dat ass d'Realitéit. Wat wëllt Der da maachen? Wëllt Der dann all Import aus Vietnam, China a Kompanie, aus all deene Länner ofschaffen? Ech mengen, dat ass och keng realistesch Approche. A grad hei, an dat ass och gesot ginn: Mir sollen net a Panik verfallen, mir solle calme bleiwen a mir sollen eng realistesch Approche zu deem Ganze behalen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech wëll elo hei op e puer Saachen agoen. Déi éischt, déi ass vläicht effektiv, dat ass och vum Här Roth scho gesot gi virdrun: Mir haten déi héich Energiepräisser och scho virum Krich an der Ukrain. Et ass also net nëmmen déi geopolitisch Tensioun, déi dozou féiert, och wann dat natierlech d'Situatioun verschäerft huet.

Mir hunn also ëmmer méi héich Präisser, mir hunn eng Energieonsécherheet, an dat säit enger Partie Méint a Jore schonn. An ech mengen, do gëtt et och ee ganz klore Punkt, deen do mat verantwortlech ass, an dat ass, dass d'Stroumversuergung ëmmer manner zuverlässeg wäert ginn, an zwar well eng Partie Länner ëmmer méi wäit ewech ginn a si wëllen d'Kuelekraaft fale loossen, si wëllen d'Atomkraaft fale loossen. Je veux bien, alles schéin a gutt. Mee dat sinn awer Energiequellen, déi sécher sinn. An elo gi mer hin op erneierbar Energien an déi si volatil an déi sinn onsécher. Dat ass d'Realitéit!

Mir wäerten och ëmmer méi Stroum brauchen, ob dat hei an Europa ass, ob dat a Lëtzebuerg ass. A Lëtzebuerg ganz besonnesch, mir steiere jo voller Zouversicht op den Eng-Milliou-Awunner-Staat hin. Iwwerall am Land gëtt gebaut, iwwerall gesitt Der Kranen, iwwerall gesitt Der Camionen. Et ass en enormen Energieverschleiß, deen hei gemaach gëtt am Land, en immensen CO<sub>2</sub>-Verbrauch. Iwwregens, och do wonnert et mech, dass do net méi Opstand dergéint ass. An da gëtt jo och dovun geschwat an och vun deene Gréngen, dass mer wëllen 325.000 nei Awunner ënnerbréngen hei an den nächste Joren. Ech mengen, och dat wäert den Energieverbrauch hei am Land also

drastesch eropkuerbelen an eis virun nach méi däitlech Froe stellen an Zukunft.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech hu gesot, déi erneierbar Energien, déi sinn net sécher, si si volatil, an ech wollt dat och kuerz hei erklären. Mir hunn d'Solarenergie an ech mengen, et ass ganz einfach: Wann Nuecht ass, da mécht d'Solarenergie null, wa Wanter ass, steet d'Sonn ganz déif, dann ass et quasi null, a wa Wolleken um Himmel sinn, dann ass et och ganz wéineg. Dat ass deen ee Problem.

An dann deen aneren, dee betrëfft d'Wandenergie. Déi grouss Wandmillen, déi mer opriichten: Och schéin a gutt, mee wa kee Wand ass, da produzéieren déi och null. A kee Wand ass relativ oft. Also dat geet an Däitschland bis zu 40 % vun der Zäit, wou ee sougenannte Windflauten huet. An och um Mier, och wann een dat net ëmmer esou mengt, ass oft net genuch Wand respektiv kee Wand. An oft ass d'Situatioun dann esou, dass Der a ganz Europa déi selwecht Wiedersituatioun hutt, soudass et och net méiglech wäert sinn, Wandenergie, wann emol a Lëtzebuerg kee Wand ass, aus anere Länner aus Europa einfach esou heihinner kommen ze loossen.

Dat si wichteg Punkten an ech mengen, dat ass och bekannt. An dofir stellt sech dann déi berechtigt Fro: Wou soll dann de Stroum hierkommen, wa kee Wand ass a wa keng Sonn ass, am Kader vun dëser Energie-wende Richtung alternativ Energien? An d'Äntwert war bis viru vläicht e puer Wochen nach ëmmer ganz kloer: de Gas. De Gas, de Gas aus Russland, dat ass de Backup, falls keng Sonn schéngt a falls kee Wand ass.

An et ass ganz einfach: Ouni Gas – an dat war och bis elo einfach d'Erkenntnis –, ouni Gas gëtt et keng Energie-wende, ouni Gas funktionéieren déi alternativ Energien net. An déi batter Réalitéit ass: De Putin war bis elo de Garant fir d'Energiewend an Däitschland. Ouni de russische Gas ass déi Energiewende net méiglech!

Elo ass d'Situatioun natierlech eng ganz aner. D'Welt ass op d'Kopp gedréint. Mir hu Krich a mir wëllen natierlech – an dat ass jo verständlech – lasskomme vum Gas. Mee da muss Der mer emol erklären, wou mer an Zukunft sollen eis Energie hierkreien. An all déi Saachen, ech sinn och domat d'accord, schéi risegrouss industriell Wandanlagen an Dänemark an d'Mier bauen a Waasserstoff an esou weider an esou fort, mee dat ass am Moment, muss een awer éierlech soen, nach ganz vill Sciencefiction.

Dat gesot, wëll ech op jidder Fall hei eng Motioun deposéieren. An an dëser Motioun, do froe mer, dass e Plang opgestallt gëtt iwwer d'Energiepolitik an dass mer gären hei vun der Regierung bis zum 1. Oktober en nohaltegt an zuverlässeg Energieversuergungskonzept presentéiert hätten an dass mer och gären e Konzept hätten, fir méi Reserven u fossilen Energien – spréich Pétrolsproduiten oder Gas – um nationalen Territoire ze presentéieren. Ech deposéieren déi. Wannechgelift.

**Motion 2**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

– déi aktuell Krichssituatioun an der Ukrain d'Ofhängegkeet vun der Lëtzeburger Energieversuergung vu Fournisseuren aus dem Ausland däitlech virun Ae féiert;

– Lëtzebuerg domat och héije strateegesche Risiken ausgesat ass;

– Lëtzebuerg an d'EU bei hirer Energieversuergung zum Deel op Importer aus autoritären oder esouguer totalitären Staaten ugewise sinn;



ass sech bewusst, datt

– Lëtzebuerg dauerhaft op kompetitiv Energiepräisser fir seng Entrepreneuren ugewisen ass;

– Lëtzebuerg senge private Stéit moderat Energiepräisser fir hir normal Besoinen, wéi z. B. d'Hëtzen, muss bidden;

– Lëtzebuerg op sengem nationalen Territoire nëmme beschränkt Pétrolsreserve stockéiert a keng Gasreserven huet;

– d'Besoinen un Energie an deenen nächste Jore virauszichtslech nach klammen;

– alternativ Energie volatil sinn an eleng net duerginn, fir d'Energieversuergung vum Land zuverlässeg ze garantéieren,

fuerdert d'Regierung op,

– déi aktuell Kris als Chance ze begräifen, fir d'Energiepolitik vun deene leschte Joren op de Leescht ze huelen an, am Aklang mam europäesche Recht, der Chamber bis zum 1. Oktober en nohaltegt an zuverlässeg nationalt Energieversuergungskonzept ze presentéieren;

– dobäi och e Konzept fir méi Reserven u fossilen Energien un nationalen Territoire ze presentéieren;

– dobäi op all nei europäesch Scholden ze verzichten a bei der Finanzierung de Maastrichter Vertrag integral ze respektéieren;

– am Hierscht eng Consultationsdebatte iwwer déi national Energieversuergung virzugesinn.

(s.) Fred Keup.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | An ech mengen, dann nach als Konklusioun, ech hätt et och léiwer aneschtens, mee mir musse leider och an dëser Situatioun realistesch sinn. Ech mengen, wann ee mengt, mir kéinten hei mat Solaranlagen a mat Wandrieder, déi mer hei opriichten, déi puer Stéck, wann ee mengt, mir kéinten domadder 400.000 Autoen um Laf loossen a fir 700.000 Leit d'Heizung lafe loossen an eis Industrie mat ArcelorMittal, mat der Goodyear a mat engem Google zu Biisse lafe loossen, da muss ech awer soen: „bonne Chance“, oder éischter: „gutt Nuecht“.

**Une voix** | Très bien!

(Interruptions et brouhaha)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Gutt Nuecht! A, an dann d'nächst Riednerin ass d'Madame Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, am nationale Klima- an Energieplang steet kuerz ëmmer d'Strategie vun eiser Regierung, fir d'Versuergung mat Energie ofzesécheren. Lëtzebuerg setzt heifir deemno op eng Intensivéierung vum Marché, also méi Konkurrenz an engem liberaliséierten Energiemarché, an eng Diversifizéierung vun den Importer.

De Staat selwer huet keng direkt Aufgab an der Ofsécherung vun der Energieversuergung. Dës Aufgab hunn d'Reseaus- an d'Fournituresentreprises. D'Versuergungssécherheet ass also keng direkt Missioun vun der éffentlecher Hand méi. D'Energie ass net Deel vun der éffentlecher Daseinsvorsorge, wéi déi Däitsch géife soen, mee ass eng Wuer, déi vu Betriber op internationale Mäert a Konkurrenz zu anere Betriber akaf gëtt, fir se hei un d'Stéit a Betriber weiderzeverkafen.

D'Liberaliséierung vun der Energie, zum Beispill vum Gas, huet dozou gefouert, datt d'Präisser ganz volatil gi sinn. Si schwanken vill méi staark opgrond vun Offer an Demande, wéi dat virun der Liberaliséierung de Fall war. Si schwanken awer och, well Gas haut wéi Aktien op der Bourse gehandelt gëtt, verpak a spekulativ Finanzprodukter, déi héich Gewënner bei gréisserer

Präisschwankungen erméiglechen. Esou ass et am Hierscht 2021 an elo am Wanter 2022 geschitt.

Et ass also net just dem Putin säi grausame Krich an der Ukrain, deen d'Präisser explodéiere léisst, mee och de spekulativen Handel mat Energie, deen an onsécheren Zäiten nach vill méi lukrativ gëtt. Dat ass eng ganz makaber Entwécklung. Déck Multinationallen – an net nëmme déi russesch – a Spekulanter verdéngen enorm vill Geld an der aktueller geféierlecher Situatioun. Eng Rei Experte warnen, dass d'Energiesystemer an Europa ënnert dësse Premissen net méi ze manage wieren. Kuerzfristeg féieren déi héich Präisser nämlech dozou, datt trotz relativ méi bëllegen erneierbaren Energie vill ze vill an nei fossill Energiequellen investéiert gëtt wéi ënnert anerem an de Fracking respektiv de Fléssseggas aus den USA.

D'EU-Kommissioun huet och eréischt am November eng Lëscht mat 30 prioritären Investmentsprojeten am Gasberäich virgestallt. Dat geet an déi total falsch Richtung. D'Null-Netto-Emissiounsziel bis 2050 ass esou net ze erreechen.

Wat d'Diversifikatioun vun den Energieimporter ugeet, si mir an Europa och guer net virukomm. 2014 koume 40 % vum Gas an Europa aus Russland. Haut sinn et nach ëmmer 40 %. Wann een all déi Gasimporter kuckt, dann ass d'EU souguer nach méi ofhängeg gi vun Importer. Natierlech och, well ëmmer méi fossill Energie verbraucht gëtt, an dat obwuel 2014 no der russescher Annexioun vun der Krim scho ganz änlech Diskussiounen stattfonnt hunn an d'EU-Kommissioun eng nei Strategie fir d'Energiesécherheet presentéiert huet. Dës Strategie ass verpufft, wat och net verwonderlech ass, wann de Profit d'Handelen diktéiert.

Här President, de sënnvollste Wee, fir manner ofhängeg ze gi vun Energieimporter, ass sécherlech d'Mëschung aus Energieaspuerungen an dem Ausbau vun erneierbaren Energien. D'EU-Kommissioun huet no 2014 ëmmer erëm gepriedegt, dass 1 % méi Energieeffizienz 2,6 % manner Gasimporter bedeit. Dat gëtt gesot, mee de „business as usual“ geet awer weider. Déi nei proposéiert EU-Direktiv gesäit elo eng Zilsetzung vu 36 % Steigerung bei der Effizienz bis 2030 vir. Als Memo: Lëtzebuerg viséiert 40–44 %.

D'EU-Parlament, wat méi Effort wëll maachen, gëtt sech mat deene 36 % vun der Direktiv och net ze fridden a wëll op 43 % erop. Esou Ziler setzen awer besonnesch am Beräich vun der Sanéierung vu Gebaier grouss Investitiounen viraus, déi an de meeschte Länner feelen, och zu Lëtzebuerg.

Beim Ausbau vun den erneierbaren Energien ass et ganz änlech. Zu Lëtzebuerg leie mir bei 11,7 %, wuel wëssend datt do en Deel dovunner aus engem Statistikzoukaf staamt. An der EU gesamt leie mer bei 22 %. Mir si wäit ewech vun deem Niveau, dee mir bräichten, fir de Paräisser Accord ze halen.

Et happert also zolidd a bei béide Baustellen – Energieeffizienz ewéi Erneierbarer – ass de Grond dee selwechten: Et gëtt sech op privat Investitiounen verlaass. Investéieren kënnen awer nun emol nëmme Stéit mat guddem Revenu, wat engersäits dozou féiert, datt si hire Patrimoine opwäerte kënnen an dofir éffentlech Subventiounen kréien, an anerersäits bleiwen déi Stéit mat manner Revenu an enger Spiral vu klammenden Heiz- a Wunnkäschte gefaangen a wësse sech kee Rot méi. D'Konsequenz si klammend Ongläichheeten vum Hannergrond vun der Klimaverännerung an ëmmer méi och geopolitesch ganz onsécher Verhältnissen.

Zesummefassend kann een also soen: Energieeffizienz ass gläich Energiesécherheet ass gläich Klimaschutz. A wa mir an dës Gläichung sozial Gerechtegkeet mat erakréie wëllen, da brauche mir eng éffentlech Investitioun an d'Energiesystemer a gestaffelt Präisser, déi

d'Sozialtariffer genee esou beinhalte wéi déi ekologesch Präisser, déi extravagant energieetes Besoinen däitlech méi deier maachen.

Zum Schluss: Virum Revival vun den Atomkraftwierker warnen och mir, genau esou wéi virun eis gréng Kuleegin. Nieft der Problematik, op déi si higewisen huet, gëtt et och nach d'Sécherheet, wéi mir dat hei gesinn hu beim Krich an der Ukrain: Si bombardéieren d'Atomkraftwierker. Donieft kann een och un Terrorschläi denken, déi sinn nämlech net ausgeschloss. Mir sollen also net dee Schielen duerch dee Blannen ersetzen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | D'Wuert huet de leschten agedroene Riedner, den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Antëscht diskutéiert d'Chamber jo bal oder all Woch schonn iwwert d'Energie. Verschiddenes widerhëlt sech och leider, ouni dass sech awer bis elo wierklech eppes un der Situatioun verännert huet. A mir Piraten gesinn och do ganz kloer déi konservativ oder zrëckbleiwend Parteien, sief et an Europa oder och heiansdo hei, wann een d'Äusserungen héiert, déi einfach an der leschter Zäit scho verpasst hunn, fir op déi erneierbar Energien ze setzen. Well hätte mer deene Partei schonn an der Vergaangenheet nogelauschert, déi op ëmweltfrëndlech Energie wollte setzen, wärend mer haut net esou ofhängeg vu Russland. Mee et sinn awer déi Parteien, déi konservativ Parteien, déi elo kräische kommen. Dat ass e bësse komesch.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech hunn nach kee kräischen héieren.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dir kräischt och ëmmer, Här Kartheiser. Et freet mech awer, dass Der de Message verstane hutt.

Mir sinn och houerfreg drop, fir als Piraten Europäer ze sinn, well dat an dëser Situatioun, wa mer eng Energiesécherheet wëllen, just iwwer Europa wäert goen. Mir kënnen eis hei zu Lëtzebuerg sécherlech de Mond fuseleg schwätzen, mee mer mussen awer esou éierlech sinn, dass mer ni wäerten zu Lëtzebuerg eisen Dusch an Honger no Energie kënnen produzéieren. Dat heescht, eisen Interessi als Land ass et ganz kloer, op europäesch Léisungen ze setzen – am Norden de Wand, am Süden d'Sonn –, fir dass mer aus deene fossile Produkter kënnen erauskommen.

Déi nei Techniken wäerten et och sinn, déi dës méiglech maachen. Ech héieren ëmmer e bësse méi konservativ Parteien, déi just de Status quo kucken, an dat ass e bësse de Problem. Kuckt Iech eng Kéier un, mat wéi engem Laptop dass Der viru fënnf oder zéng Joer geschafft hutt. Haut huet Äre kleng Smartphone mat där klenger Batterie méi Kapazitéit wéi de Laptop. An esou wäert et och bei der Mobilitéit goen, esou wäert et bei aneren Techniken goen.

Déi Solarpanelen, déi mir haut hunn, déi wäerten an noer Zukunft mol 100 u Kapazitéit maachen, duerno mol 200. Dat wäert sech vervielfachen. Herno hutt Der ganz kleng Solarpanelen, déi déi selwecht Energie kënnen herstellen. Herno hutt Der ganz kleng Batterien an den Autoen. Et dierf een net deenen nolauschteren, déi et elo verdäiwelen, a just op déi aktuell Situatioun blécken, well déi Technik wäert virgoen.

Kuckt Iech eng Kéier un, wat déi eenzel Batterie gemaach hunn. Fréier hat Der en Handy, do hutt Der missen e Koffer mathuelen. Haut kritt Der en Handy ..., haut wësst Der emol net méi, an engem Smartphone, wou d'Batterie verbaut ass an déi eenzel Deeler, esou kleng ass et ginn. An esou wäert et och mat deenen anere Produkter goen, déi haut energiehongreg sinn.



Dat entlaascht eis awer net, dass mer trotzdem alles musse gi fir aus dem Pétrol méiglechst schnell eraus. An do ass grad de Staat fir eis Piraten an der Verantwortung, well dee muss eigentlech e Virbildfacteur hunn.

Wann een elo kuckt, dass do zum Beispill déi meesch Gebaier nach mat enger fossiler Energie versuergt ginn, da kann dat fir eis einfach net sinn. Dofir wäert ech och eng Motioun deposéieren, dass de Staat soll bis 2030 op all senge Gebaier, wou et méiglech ass, Solar installéieren.

Et ass awer och de Feuerpark vum Staat. Ech hat elo eng rezent Question parlementaire, wou e grénge Minister der Police erëm lauter fossill Autoe kauft huet. Bon, ech mengen, de Staat ka vill schwätzen, dass mer eraus wëllen, mee muss et awer iergendwéi och als Virbild liewen.

Well et ka jo net sinn, dass de Staat higee an nach ëmmer dat schlecht Produkt vun de fossile Brennstoffe verbraucht an de Leit awer seet, si sollen ëmklammen. An dat ass ee vun de Problemer. Et muss een et ganz virliwen. Och mir als Chamber müssen et virliwen. Och mir als Chamber müssen eise Footprint kucken.

Huele mer d'Kommissionen: Firwat net och an deene Kommissionen, wou ee keng kontrovers Diskussionen huet, einfach emol soen, mir maachen déi vum Homeoffice aus, soudass mer deemstspriechend déi fossill Produkter do schonn aspüren, just als Klenggekeeten? Mee dat sinn awer déi Symboler no baussen. Och mir als Chamber müssen eise Footprint kucken.

Mir sinn och keng Fannen dovun, fir elo bei anere Länner wéi dem Katar ... Also, de Katar ass jo virdrun och hei erwänt ginn, e gouf d'lescht Woch schonn erwänt an der Diskussion, ech fannen dat elo net eng lupenrein Demokratie, wou een elo onbedéngt muer muss akafé goen. Also, et muss een och virsiichteg sinn, wann een elo vun engem Schlechte bei een anere Schlechte geet. Do muss ee ganz virsiichteg sinn, wann ee sech grad wëllt ofhängeg maache mat, zum Beispill hei an dësem Fall, Flëseggas.

Bei de Sanktiounen fir Russland si mir guer net averstane mat der Positioun, déi d'Regierung oder beziehungsweise d'Finanzministesch gëschter um 100,7 ugedeit huet, déi dat emol einfach als Realpolitik ofgedoen huet, dass ee weiderhi géif Pétrol a Gas aus Russland kafen. Dat versti mir Piraten net!

Mir Piraten sinn éischter op der Linn, dass mer nach léiwer gëschter wéi haut aus dem Pétrol an dem Gas vu Russland missten erausklammen an net einfach kënne soen, dass mer weiderhin dee Krich finanzéieren, just well dat – wéi hat se gesot? – „Realpolitik“ wär. Dat ass fir eis Piraten onverständlech. An ech hoffen och, dass d'Regierung hir Positioun do wäert änneren.

Wou mir Piraten der Regierung awer eise volle Support ausschwätzen, ass fir alles, wat se a Richtung vun Ëmwelttechnik virundreift. Dofir begreisse mer och, dass déi Ëmweltprimmen, zum Beispill fir d'Elektroautoen, wéi et gëschter ugekënnegt ginn ass, verlängert gi sinn. Dat ass eng Etapp.

Et kommen nach ganz vill Etappen, wann ech esou an der Ëmweltkommission kucken, wou och dat kënnt mat de Luedstatiounen, wou de Moment nach ganz vill Projeten an der Pipeline sinn. An do kann d'Regierung och op de Support vun de Piraten zielen, wann et drëm geet, fir op alternativ Energien ze setzen.

Merci.

### Motion 3

*D'Chamber vun den Deputierte stellt fest:*

– dass Lëtzebuerg sech am Kader vum Weltklimaoffkommen vu Paräis verpflichtet huet, fir d'Erderwärmung ënner 2° C, préférentiellement bei 1,5° C, ze halen;

– dass de Staat mam gudden Beispill muss virgoen, wat de Kampf géint de Klimawandel ugeet;

– dass an der Äntwert op d'Fro 5500 vum dem Energieminister an dem Minister fir öffentliche Aarbechten erkläert gouf: „Am Moment sinn op 40 Gebaier vun der Verwaltung fir öffentliche Baute Photovoltaikanlagen installéiert an 19 Gebaier hu Solarthermieanlagen, wat un der Unzuel vun de Gebaier ongeféier 4 % vum ronn 1.500 Gebaier grouse Patrimoine vun der Verwaltung entsprécht“;

– dass am Geoportail (Cadastre potentiel solaire) festgehalten ass, wou Potenzial fir zukünftige Solaranlagen besteet.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputierte d'Regierung:

– all d'Diecher vun der Verwaltung fir öffentliche Bauten, do, wou et méiglech ass, bis 2030 mat enger Solaranlage auszustatten.

(s.) Marc Goergen, Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Voilà. Domat ass déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss.

An d'Wuert huet elo den Energieminister, de Claude Turmes.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Gudden Mëtteg, Här President. Gudden Mëtteg, léif Deputéiert. D'Versuergungssécherheet ass de wichtegsten Aspekt vun der Energiepolitik an ass och dat, wat ech als Energieminister ëmmer muss als Prioritéit setzen. An da kommen natierlech nach ganz vill aner Aufgaben.

D'Luuchte müssen zu all Moment u sinn, Mazout muss kënne kaf ginn, Tankstelle mussen funktionéieren an och de Gas muss bei d'Leit kommen. Dat ass eis éischt Suerg. Dat ass meng éischt Suerg.

Ech ginn einfach schnell eng Kéier duerch déi eenzel Beräicher. Beim Pétrol ass et esou, dass mir international Obligatiounen vis-à-vis vun der internationaler Energieagentur a vun Europa hunn: 90 Deeg Stock zu Lëtzebuerg a ronderëm Lëtzebuerg. A mir erfüllen déi Konditiounen. Et ass och esou, dass, well mer elo an der Lescht manner Diesel verkafen an och an Zukunft insgesamt manner fossill Energien am Transport wäerten hunn, de Pétrolverbrauch vu Lëtzebuerg relativ züeg wäert ofhuelen. Dofir si mer eeben och duerch déi Stockagen, déi mer hunn, eigentlech an enger gudder Situatioun, gutt opgestallt.

Beim Gas, mengen ech, ass et natierlech esou, dass mer ze vill ofhängeg si vu Russland an dass mer elo schnell do müssen erauskommen. Fir dëse Wanter si mer op der sécherer Säit, well de Wanter jo och esouwäit eriwuer ass. A wichteg ass ze verstoen, dass de Gasverbrauch an Europa déi lescht Joren insgesamt schonn ofhëlt an déi nächst Joren nach vill méi wäert ofhuelen, opgrond vun der Klimapolitik. De meeschte Gas gëtt genotzt, fir Haiser ze hëtzen, an duerch d'Energieeffizienzmoossnamen hëlt de Gas do of. Och an der Industrie gëtt manner Gas verbraucht. An och wann an den nächste Joren eventuell e bësse méi Gas géif gebraucht ginn am Stromsektor, heescht dat awer, dass insgesamt an Europa manner Gas verbraucht gëtt. An duerfir ass et och do eng Perspektiv, fir eebe manner vun där fossiler Energie ofhängeg ze sinn.

Nach eng Kéier: Fir dëse Wanter si mer derduerch. Elo kënnt déi wichteg Fro: Wéi ass et fir den nächste Wanter? A vläicht nach eng Kéier zur Erënnerung: Dat hei ass net dem Här Putin säin éischte Gaskrich. En huet schonn e Gaskrich gemaach géint d'Ukrain 2009 an no 2009 huet d'Europäesch Unioun massiv investéiert an LNG-Terminalen. Däitschland kann haut schonn, och wa se selwer keen eegenen LNG Terminal hunn,

Flëseggasterminal, iwwer Rotterdam an iwwer Zeebrügge beliwwert ginn.

Dat anert, wat wichteg ass: Fréier ass de Gas just vu Russland Richtung Däitschland gelaf a mir konnten de Gas guer net zrëckbréngen an Osteuropa. Haut gëtt Polen aus Däitschland beliwwert, well Russland d'Poleitung schonn esou gedrosselt huet, dass Polen haut kal wär, wa mer dat net alles investéiere géifen.

Dat heescht, mir hunn eigentlech an de leschte Jore scho gutt investéiert. Et war ee Manktum an deem Ganzen an do hunn ech vun Oktober un zur Kommission gesot, dat misst sech änneren. Mir hate keng streng genuch Gesetzer bei de Gasspäicher an dat huet zur absurder Situatioun gefouert, dass d'Gazprom, déi Gasspäicher hunn an Éisträich, an Däitschland an an Holland, déi Gasspäicher net gefëllt hat an d'Gesetzer net do waren, fir dat ze änneren.

Elo huet d'Kommission d'lescht Woch endlech de Schratt gemaach fir ze soen: 90 % vun de Gasspäicher mussen virum Wanter gefëllt sinn. Dat ass eng Demande, déi ech am Oktober gemaach hat. Ech war enttäuscht, dass se am Dezember net am Gaspak vun der Kommission war, an ech si frou, dass se elo do ass. A mir hunn elo an zwou Wochen zu Berlin eng Reunion mat alle Ministeren, déi ronderëm eis sinn – Frankräich, Däitschland, Benelux, Éisträich a Schwäiz –, wou mer zesummen diskutéiere wäerten, wéi mer fir Westeuropa elo eeben déi Gasspäicher, déi do sinn, notzen, fir eis Gasversuergung esou ze organiséieren, dass mer och am nächste Wanter gutt do stinn.

Wann et haart op haart géif kommen, gëtt et an all Land vun Europa e Plan de délestage, an deen ass esou gestréckt, dass kritesch Infrastrukture wéi Kliniken absolutt Prioritéit hunn, duerno kommen d'Bierger, well déi jo keng Alternativ hu professionell, an da kënnt d'Industrie. Mir hunn esou e Plan de délestage. Ech hoffen net, dass ech dee jee eng Kéier muss eraushuelen aus dem Tirang, mee mir hunn deen an deen ass och duergespielt, virun allem mat Creos, déi jo de Gas bei d'Leit bréngt, mat zwee oder dräi anere wéi d'SUDenergie.

Da bei de Stroum, well de Stroum ass den Energieträger vun der Zukunft an duerfir sinn ech frou, dass mer dëst Joer nach e bessert Resultat an eiser Stromversuergungssécherheet hunn, wéi mer déi lescht Joren hatten. Mir si mëttlerweil ënnert den dräi beschten an Europa, wat d'Sécherheet am Stroumnetz ubelaangt. Dat ass och keen Zoufall, well mer op allen Niveaue massiv an eist Stroumnetz investéieren, ob dat elo „basse tension“ ass, „moyenne tension“ oder „haute tension“. A bei der „haute tension“ hu mer natierlech an extrem wichtige Projet, dat ass déi Leitung vun 380 kV, déi mer elo moderniséieren. Also mir hunn eng 220 kV Leitung, déi vun Heeschdref aus dem Uelzechtall Richtung Däitschland geet oder besser vun Däitschland bis op Heeschdref kënnt. Dat ass eis wichtegst Oder, Stroumoder, och an Zukunft, an déi mussen mer moderniséieren an un deem Projet si mer drun. Dat ass e ganz wichtige Projet vun eiser Versuergungssécherheet, dee mer jo och schonn der Chamber virgestallt hatten.

Da vläicht nach eng Kéier zu e puer Remarken, déi hei gemaach gi sinn. Mir hunn e Plang! Dee Plang heescht ...

(Hilarité)

Net esou wéi anerer. Mir hunn e Plang an dee Plang, ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dir braucht e Kompass.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | ... deen heescht nationalen Energie- a Klimaplang. An natierlech ass et esou, dass all déi Moossnamen – déi 50 a



méi Moosnamen, déi mer dodran hunn – elo solle beschleunegt ginn. An ech si frou, dass mer hei e ganz, ganz breede Konsens hunn, dass mer bei der Energieeffizienz elo nach méi maachen, dass mer bei dem Ausbau vun den erneierbaren Energien nach méi maachen an och bei der Elektromobilitéit an Zukunft nach méi wäerte maachen.

An ech ginn Iech einfach vläicht e puer Beispiller, wou mer weisen, wéi eeben déi Moosname fir Klimaschutz och déi Moosname sinn, déi eis elo geopolitesch vun de Fossillenergie-Importer manner ofhängeg maachen, also hëllefen.

Bei der Energieeffizienz – mir hu schonn e Règlement grand-ducal vum 1. Januar 2023 un – si mir dat éischt Land an Europa, wou et keng fossill Heizung méi gëtt, dat éischt Land an Europa! Frankräich mécht dat 2026, mir maachen dat schonn 2023.

Bei der Renovatioun vun de Gebaier kréie mer elo geschwënn den Text erëm vum Staatsrot. Dann hu mer wierklech e ganz sophistiquéierte System mat Primme fir ze renovéieren. Mir hu jo do eng Ännerung gemaach. Mir haten e System, dee war vläicht e bëssen ze komplizéiert, well s de nème Primme krus, wann s de quasi alles ugaange bass an dengem Haus. A mir erlaben elo eenzel Moosnamen. Dat heescht, d'Leit kënnen och just d'Fënsteren ersetzen, just beim Daach eppes maachen, just beim Keller eppes maachen oder just op enger Fassad. Dat ass alles elo prett.

A wéi den Zoufall et da gutt wëllt, hu mer de Moie mam Carole Dieschbourg a mam Henri Kox de Wiessel, also d'Klima-Agence ageweit: MyEnergy gëtt zur Klima-Agence. Do sinn net néng Leit, wéi dat virun zéng Joer war, do si mëttlerweil 30 Leit. Do ginn net 4.000 Berodungen am Joer gemaach, mee 10.000 a mir kënnen elo do fir d'Betrib, fir d'Gemengen, fir d'Leit wierklech all déi Instrumenter, déi mer hunn, all déi Primmen, déi mer hunn, dohinnerbréngen.

De Klimapakt, wësst Der, ass eng enorm Success-story. Et gëtt keen anert Land an Europa, wat esou eng gutt institutionell Zesummenaarbecht zwëschent der Regierung huet an de Gemengen. A well dat esou e gudd Modell ass, maache mer elo e Klimapakt fir d'Betrib. Mir hu schonn e Pakt mat de groussen Industriellen iwwert dat, wat mer den „Accord fir méi Energieeffizienz“ nennen. Do si just 50 Betrib dran. Dat sinn natierlech och eis gréissten. An elo kucke mer an Zesummenaarbecht, am gudden Austausch mat der Chambre des Métiers, mat aneren, dass mer och e Klimapakt maache fir d'Betrib, fir eeben och de Bäckeren, de Metzleren, dem Coiffeur, dem Schräiner an esou weider an esou weider ze hëllefen, déi Energietransitioun bei sech virunzedreien.

An dann natierlech d'Elektromobilitéit, vläicht nach zwee Wieder dozou: Gëschter, hutt Der gesinn, hu mer d'Prime verlängert bis nom Autofestival 2024, fir dass Rou an deem Dossier ass a fir dass et kloer ass: 8.000 Euro, wann s de elo an den nächsten zwee Joer en Elektroauto keefs, en effizienten Elektroauto, an da fir déi, déi e bësse manner effizient sinn, gëtt et nach 3.500 Euro.

Och bei de Borne komme mer dëst Joer gutt viru mat de SuperChargen. Mir wäerten dëst Joer 25–30 SuperChargen opriichten an dann d'nächst Joer nach eng Kéier. An dat Gesetz, wat mer mam Franz Fayot och scho beim Staatsrot hunn, kréie mer och elo eng Kéier zréck. An da wäerte mer op ganz ville Plazen hei am Land – beim Supermarché, op der Tankstell, am Betrib – och Borne kréien, déi et dann eeben erlaben, Camionnetten och elektresch ze bedriewen, oder et de Leit erlaben, déi schaffe kommen, dass se am Betrib lueden. Och dat ass alles ënnerwee an och dat, Här Galles, hëlleft eis dobäi, manner ofhängeg ze si vu fossillen Energien.

Bei den erneierbaren Energien – ech mengen, de Max Hahn huet eigentlech e Problem benannt, dee mer elo wëlle resolutt ugoen – musse mir méi schnell ginn an den Autorisatiounen. An der Ried zur Lag vun der Natioun huet de Premier dat erwänt. Mir sinn amgaangen, dat elo systematesch ze maachen.

Mir hu ganz, ganz vill Wandenergieprojeten, déi ënnerwee sinn, wou mer elo musse kucken, dass mer se duerch d'Geneemegung kréien.

A mir wäerte bei der Solarenergie eppes maachen, wat mer bis elo och nach net gemaach hunn, dat ass, mat de Baueren zesummen och quasi Agro-PV ze maachen, natierlech ëmmer och mat enger landwirtschaftlecher Notzung. Dat ass e Pilotprojet, dee mer wäerte virum Summer maachen. A fir Iech nach eng Kéier ze weisen, wéi wäit d'Lëtzebuurger eigentlech scho bei der Solarenergie sinn: Mir hunn am leschte Joer méi wéi 50 MW Solar investéiert. 2013–2018 ware mir op engem Rhythme de croisière vu 5 MW am Joer. D'lescht Joer waren et der 50, zéngmol méi, an dat natierlech och, well mer eng Rei Gesetzer am positive Sënn ëmgeännert hunn.

An dann ass d'Biogasstrategie esouwäit fäerdeg. Do muss ech elo nach eng Kéier mat Bréissel schwätzen, fir dass mer dat do definitiv geneemegt kréien.

An dann natierlech d'Wärmepumpen: Dat gëtt déi erneierbar Technologie an de Gebaier an do si mer och mam Handwierk amgaangen ze kucken, fir eng Strategie ze hunn, wéi mer eebe grad elo massiv kënnen ewechgoe vu Mazout a Gas an déi Richtung.

Déi Fro vum Här Galles mat neien Haiser, dass do esou en Uschloss ass, dass do kënnen sämtlech Autoen elektresch sinn: Mir hunn dat schonn. Dat ass am Gesetz vun de Gebaier schonn dran. Dee Problem hu mer erkannt a mir hunn en och scho geléist.

Déi Fro mat der Atomkraaft, ech mengen, fir eis ass et kloer, an ech si frou, dass dat hei am Haus op d'mannst fir déi meeschten – ech weess nach net, wéi et hei ganz riets ass – och kloer ass: keen Atom. An, Här Galles, den Här Habeck wackelt keng Sekonn. Däitschland wäert seng dräi Reaktoren ofschalten. An Dir musst verstoen: An dësem Moment sinn a Frankräich zwielef Reaktoren, déi net lafen, well se e Sécherheetsproblem hunn, dat heescht, al Atomreaktoren sinn net sécher, well se natierlech al ginn an da Korrosionsproblemer hunn. Dat heescht, Atom ass definitiv keng Léisung!

Beim Waasserstoff hu mer eis Strategie. Dëst Joer gëtt déi Benelux-Infrastrukturstrategie fäerdeg, fir dass mer vun Antwerpen, vu Rotterdam kënnen beliwert ginn. Mir sinn och u Pilotprojeten am Schaffen a mam Cap Vert hu mer eng Waasserstoffetüd, fir ze kucken, fir déi gutt erneierbar Bedingungen um Cap Vert esou ze notzen, dass mer de Cap Vert eeben eventuell kënnen zu engem grénge Waasserstoffexportateur maachen, soudass mer, mengen ech, eng extreem gutt Basis hu mat dem Klima- an Energieplang. An natierlech freeën ech mech elo driwwer, dass mer hei e groussen, groussen Secours hunn, fir ze soen, dass mir nach méi schnell, wéi mer et aus Klimagrënn vläicht wollten a sollten, aus de fossillen Energien erausgoe müssen.

Vläicht dann nach e Wuert zu der Debatt vun de Präisser. Ech mengen, d'Madamm Backes huet reagéiert, an ech mengen, den Här Roth – „hart im Geben“ an dann e bësse „mëll am Nehmen“.

(Hilarité)

Wéinst dem Index gëtt d'Kafkraaft vun de Leit hei zu Lëtzebuerg erhalen, och an dëser Situatioun. Mir hu fir dee klengen Deel vun der Bevëlkerung – dat si 15–20 %, wou et mam Index net duergeet – d'Allocation de vie chère eropgesat a se méi breet gemaach. Mir hunn zousätzlech dozou d'Gaspräisser erofgesat. Mir

hunn zousätzlech dozou d'Stroumppräisser stabiliséiert.

Mir sinn amgaangen, mam Franz Fayot d'Aidë fir d'Betrib ze finaliséieren. Mir hunn d'lescht Woch missen op dat Dokument vun der Kommissioun waarden. Dëse Méindeg war eng Reunioun zwëschent de Beamte vun eis an der Europäescher Kommissioun a mir sinn elo bal esou wäit derduerch, dass mer genee wëssen, wat mer och fir d'Betrib maachen.

Dat heescht, mir sinn hei an engem Land, wou kee kal ass. A firwat? Well mer all déi dote Moosname geholl hunn a well mer um Energiedësch och mat de Fournisseure geschwat hunn. Wann ee seng Rechnung net bezilt, da gëtt en éischte Rappell gemaach, da gëtt en zweete Rappell gemaach, gëtt en drëtten Rappell gemaach, a wann d'Rechnung dann nach net kënnt, da gëtt mat de Sozialämter zesummegeschafft, fir dass keen ofgeschalt gëtt. An duerfir si mir hei net an där Paniksituatioun, wéi Dir se duerstellt. Mir sinn hei an enger Situatioun, déi relativ iwwersiichtlech ass.

An iwwregens, ech mengen d'lescht Woch en Donneschde ware mer eng Kéier wierklech no uewe gejet gi beim Pétrolspräis. Dir hutt gesinn, dass en e Freideg méi gefall ass, ...

**Une voix** | ... wéi en eropgaangen ass.

**M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie** | ... wéi e mëttwochs eropgaangen ass.

Wann Der haut d'Präisser vergläicht, Lëtzebuerg – Frankräich, Lëtzebuerg – Belsch, Lëtzebuerg – Däitschland, da gesitt Der, dass mer en onwarscheinlech groussen Differentiel hunn en notre faveur.

An, ech weess net, ob Der déi lescht Noriicht kritt hutt: Den Uelegpräis ass haut relativ zolidd gefall aus enger Urssaach, déi mer net esou um Radar haten, an zwar Covid a China an de Fait, dass 50 Milliounen Chinesen elo scho quasi agespaart sinn an dat natierlech en immensen Impakt op d'chinesesch Wirtschaft wäert hunn an et doduerch mat grousser Warscheinlechkeet och déi nächsten Deeg um Pétrolsmarché zu enger zousätzlecher Entspannung ka kommen. An ech freeë mech doriwwer, dass mer nieft deene Moosnamen, déi mer konsequent a schnell geholl hunn, och vläicht elo dat doten als en zousätzlech Signal hunn.

Ech soen Iech villmools Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance** | Merci, Här Minister. Mee vu dass Der den Här Roth ugeschwat hutt, ginn ech dem Här Roth selbstverständlech d'Wuert.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Jo, Här President. Ech hunn do en Dissens mat dem Här Turmes. Wa mir als Parlamentarier, an ech gesi jo iwwert d'Reaktioun vun dem Energieminister, dass hei dann d'CSV an hir Deputéiert gemengt waren, wann een deene wëllt ënnerstellen, et géif een d'Leit opstëppele géint de Staat, da fannen ech dat eng grav'ënnerstellung vun engem Member vun der Regierung. Et ass nämlech genau dat, wat d'Finanzministesch, d'Madamm Backes, gesot huet. A mir als 21 gewielte Volleksvertrieder akzeptéieren dat net!

A wann de Fait, dass mir eis als CSV Suerge maachen ëm déi Laaschten, déi finanziell Laaschten, déi ganz vill Lëtzebuurger Leit, déi hei wunnen, op sech huele mat dem Hëtzes, mat dem Spritt a mat der Verdeierung vun de Liewensmëttelen, wann dat soll Populismus sinn, ech soen Iech, dann huele mir déi Bürd gären op, mee da leeft Dir, Här Turmes, mat Äre Leit op enger anerer Welt!

**Plusieurs voix** | Très bien!



**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Also ech mengen, mir hunn als Regierung ..., wann ee 75 Millioune a kuerzer Zäit deblockéiert, da mécht een dat, well e Problem do ass. Mee, wa mer eis mat den Nopeschlänner vergläichen: Mir hunn zwee fundamental Ausgangspunkten, déi aneschtens sinn. Deen éischten ass: Mir hu méi niddreg Energiepräisser wéi eis Nopere, besonnesch och bei de Carburanten. An dat Zweet ass: Mir hunn en Index, deen et weeder a Frankräich nach an Däitschland gëtt.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Solle mer den Index ofschaffen, oder wat? Dir schwätzt ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, hei, wannechgelift. Wannechgelift, Här Spautz. Äre Kolleg Roth huet dat Richteg gemaach. Den Här Minister äntwert. A wann Dir duerno d'Wuert wëllt, ma et ass zwar eng Heure d'actualité, do hutt Der keng Zäit méi, mee den Här Minister huet elo d'Wuert.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Also ech mengen, wann ech op engem Punkt eens si mam Här Spautz, dann ass et d'Wichtigkeet vum Index. An et gesäit ee grad elo an dëser Kris, wéi eeben den Index an déi Indextranche hëllefen, d'Kafkraaft vun de Bierger ze erhalen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo. Fir d'éischt den Här Goergen an dann den Här Wiseler an da schléisse mer. Mir komme jo nach un d'Motiounen, well et ass eng Heure d'actualité, et ass net „deux heures d'actualité“. Also Här Goergen, Dir dierft.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci. Ech maachen et och ganz kuerz, well meng Fro ass eigentlech eng Widerhuelung vu leschter Woch. Dir hutt elo geschwat vun deenen Hëllefen, deenen Energieprimmen, déi ee kritt. Ech hunn elo grad um Site nach eng Kéier gekuckt, weeder um Guichet.lu nach um Familjeministère si se ze fannen. Dat heescht, Dir verspricht de Leit elo schonn zënter dräi Wochen, si kéinten déi Primmen ufroen, d'Rechnunge kommen awer bei d'Leit heem a se sinn nach ëmmer net do! Ech hat d'lescht Woch hei gefrot, do krute mer gesot: „d'nächst Woch!“

*(Interruption par M. Max Hahn)*

Här Hahn, ech mengen, d'Leit brauchen d'Geld elo.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Wannechgelift, wannechgelift.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech wollt froen, wéini déi dann elo endlech kommen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Stellt Är Fro an da sidd Der fäerdeg.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mir hu just eng Fro gestallt a wëlle just eng Äntwert drop.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Här President, déi aner Säit gouf ech ënnerbrach. D'Fro war jo ganz konkret: Wann Dir de Leit dat op enger Pressekonferenz verspricht ... Ech kann et och méi sec froen: Wann Dir de Leit et op enger Pressekonferenz verspricht, et awer elo dräi Wochen, véier Wochen duerno nach net do ass, ob dat seriö ass.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Also, Här Goergen, ech si bei Iech, mir mussen elo kucken, dass den Top up vun der Allocation de vie chère ..., wou et jo esou ass, dass all déi Leit, déi d'Allocation de vie chère de Moment kréien, net brauche selwer eng Demarche ze maachen. Déi kréien den Top up. Gutt. Dir musst och verstoen, 22.000 Leit, dat ass awer, ech mengen, et ass net esou... Also, mir sinn hannendrun. De Familjeministère ass do, fir dat ze maachen. An da wäerte mer et iwwert de Guichet.lu, iwwert e Formulaire och einfach maachen, dass dat Energiegeld, wat mer elo

zousätzlech ausbezuelen fir déi Allocation de vie chère, plus eebe 25 % ... Mir sinn do drun. An ech verstinn, dass Der wëllt, dass et virugeet. Ech wëll och, dass et virugeet! Mir sinn do drun a mir maachen eist Besch.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dann nach den Här Wiseler an da schléisse mer of.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech wëll dem Här Turmes nach eng Kéier soen, dass dem Här Roth seng Remark an eis Remarken iwwert d'Ausso vun der Finanzminstesch kloer waren. Wa mir eis hei Gedanke maachen, wéi een de Leit kann hëllefen an enger ganz schwiegener Situatioun, an als Oppositionspartei eng Rei Alternative virschloen, déi eis sënnavoll schéngen, déi eis richteg schéngen, fir de Leit ze hëllefen, da fanne mer dat awer äusserst ongewéinlech an inakzeptabel, wa mer da gesot kréien, mir géifen d'Bierger géint de Staat opstëppelen a Populismus maachen. Dat ass eng normal Aart a Weis, wéi een an enger Demokratie schwätzt, dass d'Opposition och e Vorschlagrecht huet, fir hir Propositionen ze maachen. Fir dat do da virgeworf ze kréien, dat fanne mer am Fong total an absolutt inakzeptabel. Ech wëll dat och nach eng Kéier ganz kloer hei soen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | An dann, wa mer schonn... Mir wëllen eng Diskussioun iwwert déi do Saachen. Mir wëllen eng Diskussioun iwwert déi Alternativen an déi Propositionen. Dofir huet den Här Roth haut proposéiert, dass mer eng Kommissioun, eng Spezialkommissioun géifen zesummesetzen, wou mer eis als Chamber gemeinsam kënnen Gedanke maachen, an engem uerdentleche Kader dat do diskutéieren.

Da géif ech och gär wëssen, wat d'Regierung dann zu där Proposition vum Här Roth, déi en an eise Numm gemaach huet, hält.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Här Wiseler, do si mer nach net drun. Mir wäerten nach dozou kommen.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Gutt. Also ech mengen, dass et wierklech wichteg ass, dass mer an dësen Zäiten elo... Ech mengen, fir d'Leit, grad och fir eeler Leit: Krich an Europa, dat ass net einfach. Ech mengen, ech war vill mat de Mazoutschändler an de leschten Deeg a Kontakt. Ëm dës Zäit vum Joer féllt quasi kee seng Mazoutsheizung, ausser wann e wierklech bal näischt méi huet. An dann hält en eng kleng Quantitéit. D'Leit si veronséichert an duerfir ass et wichteg, dass mer dësen Debat serein féieren, a Rou féieren.

Ech mengen, wou mir, also wou ech perséinlech net immens frou war, an ech ka mer virstellen, d'Madamm Backes och net: Dir hutt d'lescht Woch hei an der Ried, grad an Ärem Ufank, e Saz gesot, wou Dir sot: „D'Lëtzebuerger si kal, mir sinn hei am Risiko, dass quasi 600.000 Leit am Ganze kal sinn.“ Dat ass einfach falsch!

Mir sinn an engem Land, an deem Land an Europa, wou mer wierklech... Prozentual gëtt et keen anert Land, wou esou vill, also, wou esou vill gemaach gëtt géint d'Energiearmut! An ech kann Iech d'Moossnamen nach eng Kéier opzielen: d'Indexation automatique, d'Allocation de vie chère, d'Verbredung vun der Allocation de vie chère; beim Gas, deen iwwerproportionell a vill méi wéi de Mazout geklommen ass, hu mer geziilt eppes gemaach, fir dass mer de Gasclinten do entgéintkommen, a mir hunn déi Energie, déi d'Zukunft duerstellt, de Stroum, deen hu mer stabiliséiert.

Wa sech natierlech elo bei der Präissituatioun nach ..., wann dat sech géif verschlimmern, ech mengen, da géife mer natierlech ... Mir monitoren dat jo stänneg. Mee déi gutt Noricht ass, no deem ... An ech muss Iech soen, d'lescht Woch e Mëttwoch, ech war och

erféiert, d'lescht Woch huet den europäeschen Dieselmarkt eng Achterbanfaart gemaach, déi nach ni esou do war: 40 erop, 40 erof, innerhalb vun dräi, véier Deeg.

An nach eng Kéier, fir et nach eng Kéier ze erklären: Mir hunn an Europa net genuch Diesel an eise Raffinerie produzéiert. 20 % vun deem Diesel ginn aus Russland geliwwert. A wéi Shell dunn iwwert de Weekend op eemol annonciéiert huet, aus Russland erauszegoen, do war eng richteg Panik op deem Marché, well Shell nämlech ee vun de groussen ..., also déi bedreiwe mat Russen a Russland Raffinerien. Do war e Vent de panique. An ech sinn immens frou, dass dee Vent de panique zréckgefall ass an dass haut, um Dag haut, eis Präisser um Diesel an um Bensinn weesentlech méi bëlleg wéi a Frankräich, wéi an Däitschland, wéi an der Belsch sinn. A wann also déi Tendenz, déi elo komm ass, iwwert déi net einfach Situatioun a China mam Covid, wann dat elo dofir dozou féiert, dass de Weltuelegpräis – a mir sinn hei an engem Weltmarkt –, dass deen no ënne geet, dann hu mer vläicht eng gewëssen Entwarnung an dësem Moment.

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss.

#### Motions

A mir géifen dann zu der Presentatioun respektiv der Diskussioun an der Ofstëmmung iwwert d'Motiounen kommen.

#### Motion 1

Déi éischt Motioun kënnt vun de Majoritéitsparteien. Ech ginn dovun aus, dass déi motivéiert ginn ass. Sinn nach Wuertmeldungen do derzou? Den Här Galles.

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President. Ech ka mer ..., also déi Diskussioun, déi mer elo gefouert hunn, an ech wëll och dem Här Minister ... – wou ass en dann? Ass e schonn heem? Nee, a jo, et ass gutt, ok.

**Une voix** | E war tanken.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | D'Haus verléiert näischt.

**M. Paul Galles** (CSV) | Rien ne se perd, rien ne se crée.

Ech wëll dem Här Minister och Merci soe fir seng vill Äntwerten, déi e mer elo ginn huet. Ech hu just ee fundamentale Problem an ech wëll dat och elo hei soen, andeems ech dann och meng Äntwert drop ginn, wat zu de Motiounen dann eis Positioun soll sinn. Well ech ka gutt verstoen, dass den Här Goergen dat geäussert huet, dass en esou mengt, mir wäeren an engem Déjà-vu – „dat hu mer elo schonn esou oft diskutéiert“ an esou weider an esou virun. Ech wollt nämlech vermeiden, dass mer an en Déjà-vu kommen, dass mer nach eng Kéier déi ganz Diskussioun féiere ronderëm all déi verschidde Forme vun Energien, mee dass mer eis Diskussioun haut den Nomëtteg ënnert d'Virzeeche stellen vun där Fro, wat an nächster Zäit mat deenen ënnerschiddleche méiglechen Zenarien geschitt, well mer awer mengen, dass et eng seriö Situatioun ass.

Wat ech elo de Mëtte vun deene Verschiddenen, déi haut de Mëttg hei hir Beiträg gelescht hunn, eraushéieren hunn, ass, dass mer basically beim PNEC bleiwen, dass mer awer eng Beschleunigung wëllen. Dat ass e bëssen dat, wat ech elo eraushéieren, och déi Beispiller, déi Dir elo genannt hutt, Här Minister.

Déi Fro, déi ech mir awer eigentlech stellen, an dofir hunn ech hei eigentlech haut den Nomëtteg meng



Heure d'actualité am Fragemodus presentéiert – dat hunn ech bewusst esou gewielt an ech hunn och selwer keng Motioun erabruucht, well ech mer tatsächlech ganz vill Froe stelle par rapport zu där Situatioun, déi kéint antrieden, wann elo en Embargo oder en Deelemargo kënn, a kee weess, ob ee kënn, ech weess et net, wéini, wéi séier an esou weider an esou virun –, dat ass: D'Europäesch Unioun huet jo de RE-Power-Programm opgeléicht. Ech géif awer gäre wëssen, wat dat elo fir Lëtzebuerg genau bedeit, an zwar am Ënnerscheed zu deem, wat mer bis elo schonn haten. Wat heescht da Beschleunegung? Wat heescht dann, dass et elo méi séier muss goen op gewëssene Punkten an op anere vläicht net? Dat war meng Fro, Här Minister. Huet d'Regierung dann tatsächlech eppes virleien? Hu mer do Zuelen? Well ech brauch eng gewësse Sécherheet un Zuelematerial, fir ze wëssen, wat einfach elo op eis duerkënn.

Déi Motiounen, déi mer elo hei leien hunn, 1, 2, 3, déi si jo iergendwéi sympathesch, mee si äntweren net op déi Fro, déi ech eigentlech bei der Heure d'actualité wollt opwerfen. Dofir, et ass elo wierklech net aus Dommheet oder aus iergendenger Expressegkeet, ech géif einfach bieten, dass mer eis bei deenen zwou éischten do enthalen. Bei der drëtter kommen ech net derlaanscht, mech unzeschléissen, well ech mengen, dass ech dat Zitat aus der parlamentarescher Äntwert 5500, dass ech dat kennen. Ech weess net, ob et eng Fro vu mir war oder ob et e Copy-paste ass vun enger Fro, déi ech och gestallt hunn, well ech krut nämlech eng änlech Äntwert. Ech fannen dat nämlech ganz richtig, dass de Staat do soll mam gudden Beispill virgoen.

Mee ech wëll nach eng kéier erklären, wourëms et mer eigentlech gaangen ass an dëser Heure d'actualité an dass ech do awer e bësse bei där Fro bleiwen an net déi Äntwerte kritt hunn, déi ech gäre kritt hätt. Ech wëll dofir déi Fro nach eng kéier renouveléieren an nach eng kéier stellen: Wat passéiert am schlemmste Fall, well dat weess ech nach ëmmer net, wat passéiert am Fall vun engem Embargo? Wat passéiert an engem Fall, wou mir decidéieren oder vun där anerer Säit de Krunn zougedréint gëtt?

Merci villmools.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Här Minister, ech géif Iech d'Wuert ginn, awer eréischt, wa mer den Tour gemaach hu vun där éischter Motioun. Da kënn Dir an deem Ramen an der Äntwert drop agoen. Wie wëllt nach d'Wuert zu der éischter Motioun? Den Här Clement an dann d'Madamm Cecchetti.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, merci, Här President. D'Motioun ass eis sympathesch. Mir wäerte se och matstëmmen.

Ech wëll awer op ee Punkt agoen, deen hei ervirgehuwe gëtt, an dat ass deen: „renforçant les mesures de soutien à la population, aux entreprises et à l'industrie afin de leur permettre de réduire plus rapidement leur dépendance envers les énergies fossiles“. Dee Saz, dee ganz schéi klängt, ass awer a mengen Aen eppes, wat op zwee Niveauen ze kuerz gräift.

Dat eent, dat ass: Mir hu weiderhin de Problem, datt et u sech Subside sinn, dat heescht, datt haaptsächlech Leit, déi souwisou schonn e gewëssent Kapital hunn, fir ze investéieren, kënnen dovou profitéieren, a Leit, déi souwisou kee Prêt géife kréien, hunn de Problem, datt se vläicht guer net kënnen a Solar investéieren, net kënnen an eng nei Heizung investéieren, well et eeben nëmmen Aidë sinn, awer net de ganze Montant couvériert gëtt, wat verständlech ass. Mee hei mussen nei Weeër goen, hei muss de Staat quasi virfinanzéieren an iwwert déi gesonken Energiekäschten dat recuperéieren. Et ginn eng ganz Rëtsch Modeller. Et

geet eis ëm dee Saz. Datt et eeben iwwer „soutien“ ass, mengen ech, geet eis net wäit genuch. Mir géife méi wäit goen.

Dann dat Zweet: Mir brauchen dréngend, an dat feelt mir hei an där Motioun awer komplett, eng Léisung fir d'Residence, fir Locataire. De Problem ass, datt nämlech de Propriétaire muss investéieren, fir energiegesch ze sanéieren, et ass awer de Locataire, deen d'Energiekäschten dréit. Dat heescht, mir hunn do e klassesch Problem, datt u sech deen, dee bezuele muss, kee Retour gesäit, ausser e geet de Loyer an d'Luucht setzen, an op där anerer Säit deen, deen dovou profitéiert, profitéiere géif, well e manner Energiekäschten huet, guer net de Moyen huet, fir säi Propriétaire dozou ze zwängen, eng energiegesch Sanéierung ze maachen. Och hei, mengen ech, muss dës Chamber sech endlech eng kéier Gedanke maachen, ...

*(Interruption par la présidence)*

... wéi mer dat uginna a wéi mer de Locataire och hëllef, fir déi Energierechnungen erfroze kréien.

An dann dee leschte Punkt: D'Klimaagence gëtt hei e puermol erwänt. Dat ass e schéinen neien Numm fir eppes, wat mer schonn haten. Ech froe mech, ob dat nëmme gemaach gouf, fir erëm kënnen eppes anzeiwen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Dann d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, mir hunn zwou Saachen; bei de Saluante: „diversifiant l'approvisionnement en gaz de nouveaux fournisseurs notamment à travers des importations de GNL“. Just eng Nofro: GNL, dat ass jo awer de Flësseggas, dee gemengt ass, de Fracking-Flësseggas, dee jo awer immens CO<sub>2</sub>-intensiv ass, dat heescht ëmweltschiedlech souwuel an der Produktioun wéi och am Transport? Et ass elo mol eng Nofro, ob dat wierklech deen ass, deen do gemengt ass. Well, wéi gesot, ech hu virdu gesot, et soll een net de Schielen duerch de Blannen ersetzen, ne. Net datt mer hei awer dann erëm eppes guttheeschen, wat am Endeffekt awer absolutt guer net gutt ass.

An déi zweet Saach ass, dat ass an den Inviten. Do hutt Der den drëtten Invite: „à continuer à s'opposer à toutes initiatives européennes classifiant l'énergie nucléaire [...]“. Mir mengen, do misst awer och de Gas nach derbäikommen, well dee sollt jo och net als „Solution durable à la crise énergétique actuelle“ derbäi sinn. Dat heescht, wann een do d'Energie nucléaire hisetzt, muss een och do de Gas hisetzen. Ech mengen, dat war jo awer och ëmmer eng Fuerderung vun eiser Regierung, wann ech dat richtig verstanen hunn.

Also, wéi gesot, wann do de Gas bäikéim, kéinte mer se matstëmmen. Wann de GNL eraus wier, kéinte mer se matstëmmen. Soss misste mer eis enthalen.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Dann hat ech nach d'Wuertmeldung vum Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci. Merci, Här President. Jo, et ass eng ganz laang Motioun, wou awer, mengen ech, och eppes Weesentlech feelt, dat ass dat, wat den Här Galles och scho gesot huet: Et feelt am Fong wierklech eppes Konkreetes, wat elo virgesinn ass, wann déi verschidden Zenarioen antrieden, wéi mer da kënnen hei eis Energiesécherheet garantéieren.

Hei steet e Saz am Considerant, véierte Stréch: „exige une mise en œuvre immédiate de mesures ambitieuses“. Mee wat ass dat elo genee? Wat maache mer elo „immédiatement“ a wat ass wierklech „ambitieux“? Wat soll dat elo sinn? Well, fir ee Beispill ze soen – elo

ginn ech bei de Saluant, zweete Stréch –, do ass da geschriwwen, d'Baisse de consommation vu Pétrole, vun Diesel – déi gëtt hei begréisst –, déi wier „suite à l'introduction d'un prix CO<sub>2</sub>“ – bon, do si mir jo souwisou net derfir – et suite „à la promotion conséquente de l'électromobilité“. Ech mengen, mir hunn am Moment, wann ech mech net ieren, 1 % plus/minus elektresch Autoe bei eis op der Strooss.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Et sinn Der scho méi, Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Wéi vill sinn et der? 2? 2 %? Also: 98 % net.

*(Brouhaha)*

Da froen ech mech, wat dann elo déi „mesures immédiates“ solle sinn, déi hei solle kommen. An dat feelt mer e bëssen hei. An duerfir kënnen mer dat heiten och net matstëmmen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Dann d'Madamm Jessie Thill.

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech wëllt da just kuerz reagéieren op e puer vun deene Saachen, déi grad gesot goufen, fir d'éischt op dem Här Clement seng Remark mat de Locataire. Ech mengen, do ass jo och e Gesetz, wat amgaangen ass diskutéiert ze ginn iwwert de Plan de travaux, wou eebe grad solle Locataire ënnerstëtzt ginn doduerch, datt d'Propriétaire jo mussen an dee Fonds de travaux abezuelen, fir d'energiegesch Sanéierung vun de Gebaier weiderzedreiwten.

An dann zu dem GNL: Et ass effektiv Flësseggas gemengt, mee dat ass effektiv just eng Iwwergangsléiung. Natierlech muss mer op laang Dauer kucken, dass mer onofhängeg vun dësen Aarte vun Importer ginn an dass mer weider eis Gasimporter reduzéieren.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Domat hätt bal jiddweree Stellung bezunn, ausser nach dem Här Minister.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Villmools merci, Här President. Ech hat a menger Ried erkläert, wat geschitt, wann alle Stricke reißen. A bis dohinner wëlle mer et net komme loosse. Duerfir, wat ass virdu? Mir hunn duerch déi Dokumenter op dem europäeschen Niveau säit leschter Woch e Plang, wat mer maachen, fir eis Dependancé vum russesche Gas bis den nächste Wanter massiv ze senken.

Dee wichtegste Punkt an deem Ganzen, oder déi zwee wichtegst Punkten: Dat eent ass natierlech an dëser Krisensituatioun – ech kommen herno nach eng kéier op den LNG –: méi LNG an Europa bréngen. An et ass net esou, wéi wa mer elo nach missten Tonnen LNG-Häfe bauen. Mir hunn der scho glécklecherweis déi lescht zéng Joer ganz vill an Europa gebaut. A mir wëlle jo och kee Lock-in, et mécht kee Sënn, fir elo nach 50 LNG-Häfen ze bauen, déi dann duerno beim Klimaschutz am Wee stinn.

An dann ass déi wichtegst Decisioun, fir den nächste Wanter iwwer d'Ronnen ze kommen, en EU-Gesetz, wat bindend ass, wat elo am Abrëll op den Dësch kënn a wat virum Summer am Europaparlament an am Conseil gestëmmt gëtt. All d'Länner müssen eng Gesetzgebung hunn, 90 % vun de Gasspäicher mussen virum Wanter gefëllt sinn. An ech war do och méintlaang hannert der Kommissioun, ech hunn am Februar eng Reunioun organiséiert mat de Ministere vun Däitschland, Éisträich, Holland. Ech kann Iech soen, am Februar, do ware se nach net all do. Elo si mer endlech do.



Däitschland wäert dat Gesetz schonn d'nächst Woch an de Bundestag bréngen.

A wat ech elo probéieren ze maachen, an dat ass wichteg: Dat Wichtigst fir eis Gasversuergung ass, dass d'Gasspäicher, déi ronderëm eis sinn ... A Frankräich, an Holland, an Däitschland an an Éisträich sinn déi grouss Gasspäicher, d'Belsch hunn e ganz klengen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg keng Geologie, fir e Gasspäicher ze hunn. Also musse mer mat hinnen zesummeschaffen. A mir maachen elo an zwou Wochen zu Berlin eng Reunion, wou mer koordinéieren, dass et net d'Reegel ass: Däitsch Gasspäicher fir däitsch Verbraucher a franséisch Gasspäicher fir franséisch Verbraucher, mee dass déi Gasspäicher fir ganz Westeuropa sinn. An iwwerens musst Der verstoen, Polen an Tschechien, déi jo an enger vill méi dramatescher Situatioun sinn, déi wäerte mussen aus Däitschland an aus Éisträich beliwwert ginn, well se selwer keng grouss Gasspäicher hunn.

Ech mengen, dat ass alles dat, wat mer elo en place setzen. An dann ass et esou, wann et géif zu engem Problem kommen, gëtt et an deene 27 Länner e Plan de délestage fir d'Gasclinten. An ech hat Iech d'Prioritéit erkläert: Kritesch Infrastrukture wéi Kliniken si ganz, ganz hinnen op der Lëscht, d'Bierger si ganz, ganz hinnen op der Lëscht, d'Professionell wa méiglech net. An dann hu mer bal een Drëttel vun eisem Gasverbrauch, dat si sechs oder aacht oder zéng Firmaen. An alle Länner, well dat nämlech dat einfachst ass, wann alle Stricke géife rëssen, da géifs de do usetzen.

Dee Plan de délestage gëtt et, also maacht Iech wirklech keng Suergen, dat hu mer och duerchgespillt mat der Creos. Den Ekonomiesministère weess Bescheid, déi Betriber, d'Fedil weess Bescheid. Mir hunn dat alles en place. Mee nach eng Kéier, ech hoffen net ..., an ech sinn och optimistes, dass et net dozou wäert kommen.

Vläicht nach zu där ... Also Här Clement, natierlech kann een ëmmer engem Politiker ënnerstellen, dass en ëmmer gären eppes nei aweit. Wat ech elo hei géif maachen, ass, dass mer all déi Deputéiert, déi interesséiert sinn, esou schnell wéi méiglech elo eng Kéier op eng Visitt brénge bei d'Klimaagence, fir dass Der emol eng Kéier gesitt, wat fir eng fantastesch Aarbecht do gemaach gëtt. Et gëtt keen anert Land an Europa, wou 100 % vun alle Gemengen an engem Klimapakt sinn. Dat gëtt et net éierenswou anescht. An ech gesi jo hei eng Rei Buergermeeschteren, ech mengen, den Aly huet d'Gold-Zertifizéierung, an aner, dat heescht, dat ass jo net um Himmel gefall, dat ass, well do matgeschafft ginn ass an déi Richtung.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | An duerfir mäin Angebot, op d'mannst un déi vun der Energie- an Ëmweltkommissioun, awer anerer kënne gäre matgoen, dass mer elo eng Kéier zesummen d'Klimaagence besichen, fir dass Der verstitt, wat mer do alles am Detail maachen, och mat Solarkadasteren, mat Appen, déi d'Handwierker elo kréien, fir dass se ... En Handwierker, dee kennt an zwee Méint bei Iech heem, dee weess: „Ech sinn an där doter Gemeng, ech hunn dat doten als nationale Programm vun Hëllef, dat do kommunal als Hëllef.“ An esou wäerte mer och mat den Handwierker a mat der Klimaagence weiderkommen.

Dee leschte Punkt zum Flësseggas: Ech mengen, Dir hutt Recht, an der Taxonomie, an ech weess net, ob dat nach méiglech ass ..., also d'Taxonomie ass Atom a Gas. A wann déi fällt, da fallen déi zwee. An dat ass och logesch, dass een dat eigentlech géif mat eranhuelen. An natierlech elo an dëser extremer Situatioun, wou vill Länner an Europa ze vill ofhängeg si vu Russland,

brauche mer e bësse Gas vun anere Plazen. Mee duerno muss kloer sinn: Hei geet et net ëm den Ausstieg aus russeschem Gas. Et geet ëm den Ausstieg aus de fossilen Energien, un point c'est tout. An dorunner schaffe mer elo! An duerfir sinn ech och esou frou, dass mer hei esou e breede Konsens hunn, fir elo nach méi schnell och hei zu Lëtzebuerg an déi Richtung ze goen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An ech géif dann nach d'Fro stellen, ob déi Modifikatioun gewünscht ass.

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Ech mengen, hei, well et jo net ëm d'Taxonomie geet, géife mer proposéieren, et elo net mat derbäi ze huelen, well mer hei elo an engem anere Kontext sinn an et ëm déi aktuell Kris geet.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Okay. Dat ass Kloertext. Da géife mer elo ofstëmmen. Also et geet ëm déi éischt Motioun. Mam Président géif ech Iech soen: Fir ofzestëmmen, musst Der age-loggt sinn. Et sinn der 54 connectéiert, da ginn ech dovun aus, dass der e puer feelen.

**Vote sur la motion 1**

An ech géif de Vott lancéieren. Dat ass elo geschitt. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An de Vott ass eriwuer.

33-mol Jo, 4-mol Nee an 22 Abstentiounen. Domat ass déi Motioun ugeholl

*Résultat définitif après redressement: la motion 1 est adoptée par 33 voix pour, 4 voix contre et 23 abstentions.*

*Ont voté oui: MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. François Benoy), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non: MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par Mme Diane Adehm), MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Gilles Roth);*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

**Motion 2**

Elo komme mer un d'Motioun Nummer 2, vun der ADR abruecht. Ech ginn dovun aus, dass se motivéiert ass, duerfir war ech och e bësse méi grousszügeg mat der Riedezäit. Stellungnamen zu där Motioun? Madamm Jessie Thill.

(Interruption)

Jo. Madamm Thill.

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Merci, Här President. Bon, ech wollt fir d'éischt emol e puer Saache soen zu deene Punkten, déi hei opgeléicht sinn. Ech mengen, datt Lëtzebuerg keng beschränkte Pétrolsreserven huet. Ech mengen, mir hunn awer eng 90-Deeg-Pétrolsreserv als Lëtzebuerg. Ech mengen, mat de Gasreserven huet de Minister grad erkläert, datt mer net d'Geologie d'fir hunn, tout simplement, fir esou e Stockage och hei ze hunn.

Dass d'Besoine vun den Energië sollen eropgoen an den nächste Joren, do sinn ech mer net esou sécher, vu datt mer säit 2005 eng Baisse hei zu Lëtzebuerg hunn, virun allem beim Pétrol, Gas a Kuel.

Dass alternativ Energië méi volatil sinn, domadder sinn ech och net d'accord. Et ass eebe grad esou: Duerch erneierbar Energien hu mer méi e stabillen Energiesystem, dee méi resilient ass, doduerch datt eeben och d'Produktioun an d'Consommation dezentral sinn.

An zu de „fuertert d'Regierung op“, ech mengen, do ass net vill ze soen, well mir hunn e Klima- an Energieplang, hannert deem mir stinn. An dofir kënne mir dës Motioun net matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Dann den Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also mir wäerte se natierlech net matstëmmen, well mer jo eng fundamental ganz aner Meenung hu wéi déi e bësse réckwäerts gewannten ADR an dësem Theema, déi nach op iergendeppes vun den Dinosaurier setze mat hirem Pétrol. Wann ech schonn eleng hei liesen: „méi Reserven u fossill Energien“, ech weess elo net, wou d'ADR hierkennt, mee ech hoffen, ech weess, wou se higeet. Also fir eis ass déi Motioun Blödsinn. Deementspriedend stëmme mer déi net mat.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Très bien!

(Interruption)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Weider Wuertmeldungen? Dat schéngt mer net de Fall ze sinn. Da géife mer d'Motioun zur Ofstëmmung bréngen.

**Vote sur la motion 2**

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

5-mol Jo, 34-mol Nee, 21 Abstentiounen.

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech war mat de Gedanken net derbäi, Här President.

(Hilarité et interruptions)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Also, Här Baum, normalerweis sidd Dir eng Bank fir mech. Mee wann déi souguer wackelt ...

(Exclamations)

Jo, mee dat gëtt selbsterständlech direkt korrigéiert. Merci.

*Résultat définitif après redressement: la motion 2 est rejetée par 4 voix pour, 35 voix contre et 21 abstentions.*

*Ont voté oui: MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non: MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. André Bauler), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*



Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Max Hengel), MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Paul Galles), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Gilles Roth).

### Motion 3

Da géife mer eriwergoen zu där drëtter Motioun. Ech mengen, déi wär och motivéiert. Wann d'Auteuren herno nach wëllen op eppes reagéieren, kréie se selbstverständlech d'Wuert. Wie freet sech d'Wuert dozou? Ech ginn dovun aus, dass et d'Jessie Thill ass.

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech mengen, heizou ass ze soen, dass mer e Klimaan Energieplang hunn, dee virgesäit, dass op all den ëffentleche Gebaier Fotovoltaikanlage komme bis 2025, an och dës Verwaltung eng Renovationsstrategie huet. An dofir brauche mer dës Motioun am Fong net. Merci.

**Une voix** | Den Term ass „superfetatoire“.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Här Clement, ech waarde vläicht nach of, bis dass déi aner Stellung bezunn hunn, da kritt Der selbstverständlech d'Wuert. Den Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Ech fülle mech och ëmmer geéiert, wann d'Piraten eis „Dinosaurier“ nennen. Ech mengen, d'Dinosaurier hunn Honnerte Milliounen vu Jore gelieft an iwwerlieft.

(Hilarité)

**M. Sven Clement** (Piraten) | A sinn duerno zu Pétrol ginn.

**M. Fred Keup** (ADR) | Kucke mer mol, ob d'Piraten dat fäerdegbréngen.

(Interruptions)

**Une voix** | Déi hunn d'Klima net verdroen.

(Hilarité)

**M. Fred Keup** (ADR) | Zu dëser Motioun sief awer gesot ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Loosst Iech ...

(Brouhaha)

**M. Fred Keup** (ADR) | Mir komme gär heem. Also am Prinzip ass et natierlech ganz gutt, wa mer iwwerall, wou et méiglech ass, an do kommen ech op den Term „wou et méiglech ass“, Solaranlagen himaachen, ok. Mee dat ass eeben hei e bëssen de Problem. Et ass eeben net formuléiert, wéi een et sech am Fong géif wënschen, dat heescht, clair et net, wou et méiglech ass. Wat heescht dat? Heescht dat do, wou et ubruecht ass? Heescht dat do, wou et Sënn ergëtt? Oder heescht dat och zum Beispill, dass et am Respekt

ass vum Denkmalschutz? An dat si Saachen, déi net ganz gekläert sinn. Mee prinzipiell si mer natierlech domadder averstanen, dass op ëffentleche Gebaier Solarenergie benotzt gëtt.

Mir wäerten eis awer elo hei enthalen, well et net konkret genuch ass. Merci.

**Une voix** | Wou méi Schied ass.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Vun deene Kolleegen, déi net Auteur sinn ...? A, d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Also, eis ass déi Motioun do ganz sympathesch. Mir stëmme se mat, och wann dat an iergendengem Plang scho steet. Dat deet jo kengem wéi, wann een dat hei da matstëmmt. Dann ass et: Doppelt genäht hält besser.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Ben, dat ass eng nei Argumentatioun. Mee bon, et gëtt Schlëmmeres.

(Hilarité)

Den Här Clement huet d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech si frou, datt ech emol eng Kéier net vun där doter Bänk dat Wuert „superfetatoire“ heieren hunn.

(Hilarité)

Mee ech fäerte ganz, datt dat iergendwann eng Kéier och vun der Madamm Thill wäert kommen.

De Paul Galles huet virdrun ..., a mir hu jo och an der Motioun op seng Question parlementaire 5500 Bezuch geholl vun dësem Joer. Wat e vergiess huet ze soen, ass, datt déi Question parlementaire u sech op d'Question parlementaire 1383 vum Oktober 2019 vu mir selwer opgebaut huet, wou ech déi nämmlecht Froe schonn eng Kéier gestallt hat. An do gesäit een dann, datt et an deene leschten dräi Joer oder an deene leschten zwee Joer mat der Entwécklung awer e bësse schleppend gaangen ass, wann een dat emol esou soen däerf.

(Interruption)

Mir si mat 12 solarthermeschen Anlagen 2019 gestart. Mir sinn an der Question parlementaire 5500 bei 19 gelant. Dat sinn der plus 7, prozentual e stattleche Plus, mee plus 7. Ok.

Da bei de PV-Anlagen, do sinn ech dann awer ganz enttäuscht, och wann d'Kilowattstonne vläicht an de Plus ginn, si mer dann awer 2019 bei 28 PV-Anlage gestart, mat anscheinend deemools 38 PV-Anlagen an der Planung. A mir komme bei der Fro vum Paul Galles dann op e Plus vun 12 neien Anlagen. Dat heescht, datt vun deenen 38 Anlagen, déi virun zwee Joer geplangt waren, nach net emol d'Hallschent realiséiert konnt ginn an där Zäit. Dat soen ech elo, sachant datt d'Madamm Thill mer elo grad gesot huet, datt de PNEC jo virgesäit, datt dat alles géif geschéien.

Mir krute virun zwee Joer gesot, datt der 38 géife gebaut ginn. Et sinn der elo 12 gebaut. Bref, et kéint een also e bësse méi Damp op dee Kessel ginn, an dee muss net onbedéngt mat Gas gefiddert ginn, dee kann och gare mat Solarthermie oder mat Solarstrom gefiddert ginn. Deementspriedend sinn ech der Meinung, datt et net superfetatoire ass, datt et net duergeet, et just an de PNEC ze schreiwen, an datt een hei definitiv en Zeechen als Chamber sollt setzen, datt mer dat heite fuerderen.

An zur Fro, wou et da méiglech ass oder net, do verweisen ech dann op d'Äntworte vun de Question-parlementairen 1383 a 5500, wou de Minister eis ganz, ganz kloer exposéiert huet, wat d'Contrainté sinn, wou

et méiglech ass a wou net. An ech mengen, domadder ass alles gesot. Mir wäerten dat heiten natierlech matstëmmen.

(Hilarité)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Also ech kann nëmme mat Iech d'accord sinn: Et ass alles gesot. An da géife mer zur Ofstëmmung iwwergoen.

### Vote sur la motion 3

D'Ofstëmme fänkt un. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

25-mol Jo, 31-mol Nee, 4 Abstentiounen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Diane Adehm), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Domat hätte mer dese Punkt ofgeschlossen.

## 11. Résolution de M. Gilles Roth relative à l'instauration d'une commission spéciale destinée à suivre tous les aspects relatifs à la flambée des prix énergétiques, ainsi que son impact économique et social

(Motion déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 28 de ce compte rendu)

Elo si mer nach saiséiert mat enger Resolutioun. Ech hu gesot kritt, dass mer déi nach sollen haut evaküieren. Dat schéngt mer jo de Wëlle vun der Chamber ze sinn. Eng Resolutioun, déi abruchéit ginn ass an och motivéiert ginn ass vum Här Roth. An ech géif duerfir bieten ëm Wuertmeldungen. Den Här Baum.

### Discussion générale

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President, dass ech kann eppes soen zu dëser Resolutioun. Et ass sech de Mëtten heibannen e bëssen echaufféiert ginn iwwert d'Proposen, déi um 100,7 gelaf sinn, vun der Finanzministesch. Ech muss Iech soen, ech entschëllege mech, ech hunn dat net heieren. Ech weess also och net de geneeë Wuertlaut. Et ass mer awer gesot ginn, dass an deem Interview weeder eng Partei spezifesch genannt gi wär nach eng aner Partei vun deenen, déi heibanne sëtzen. Elo gëtt gesot,



dat wär eng Ennerstellung. Ech kann dat net esou bewäerten.

Ech ginn op deen Debat zréck, dee mer haten d'lescht Woch, wou den Här Roth a senger Manéier fir ze schwätzen, déi mer ëmmer ganz gutt gefällt, well en e ganz gudden Orateur ass, ugefaangen huet, dass d'Lëtzebuurger hei am Land géife „kal sëtzen“. An ech ka mech erënneren, dass do awer op verschiddene Bänke reagéiert ginn ass. An den Här Minister huet jo awer de Mëtteg nach eng Kéier erklärt, dass dat effektiv einfach emol plakativ esou dohinnergeluecht ginn ass, well mer awer eng Energieversuergung hunn, déi klappt.

D'CSV muss natierlech déi Politik maachen, och no bausse verkafen, wéi si et fir richtig hält. Ech hunn e Samschden d'„Lëtzebuurger Wort“ gelies. Do hunn ech op enger ganzer Säit déi Annonce gesinn. Erlaabt mer, et ze soen, ech hunn awer misse schmunzelen, wéi ech se gesinn hunn, well Dir hutt nämlech reagéiert op déi ferm Hausse vun den 38 Cent an do hutt Der dat doten online ginn, wat jo richtig war, mee Dir konnt awer net méi reagieren op d'Baisse vun 42 Cent. Dat heescht, dee Moment, wou dat do e Samschdeg erauskomm ass, war de Präis méi déif, wéi e virdru war.

Also, Dir hutt Iech ugesprach gefillt iwwer Propose vun der Madamm Finanzministesch. Ech kann dat elo net aschätzen. Ech ka just soen, dass keng Partei hei ernimmt ginn ass.

Mir wëssen, dass d'Situatioun um Marché extreem, extreem volatil ass. Mir gesinn nämlech de Brent, vun 130 Dollar ass de Präis erofgaangen op 109 an en ass haut – ech mengen, deen een oder aneren huet et suivéiert – op 98 erof. Wéi gesot, dat ass ganz volatil. Dat ass näischt, wou mer eis elo kënnen drop verlossen, dass dat och muer, d'nächst Woch, an engem Mount de Fall ass.

An duerfir hu mer jo schonn e Pak ficeléiert, den Här Minister huet et gesot, vu 75 Milliounen fir d'Stëit. En huet och an Aussicht gestallt, dass d'Regierung natierlech wäert eppes fir d'Betribler maachen. Duerfir gëtt jo d'Tripartite, wat d'Kriseninstrument par excellence ass, zesummegeruff. Do kënn d'Patronat un den Dësch, do kommen d'Gewerkschaften un den Dësch. An ech mengen, mir Lëtzebuurger hunn et jo awer ëmmer fäerdegbruecht, och a Krisenzäiten e Konsens ze fannen, fir aus deene Krisensituatiounen erauszekommen.

Ech mengen, dass d'Regierung bereet ass, zu all Moment an déi verschidde Kommissiounen ze kommen, sief dat an d'Ekonomie, sief dat an d'Mobilitéit, sief dat an d'Finanzkommissioun, wann dat sollt erwënscht sinn.

Ech erënneren drun, dass mer an enger ganz, ganz traureger Situatioun sinn, dass mer Krich hunn an Europa. Amir wëssen haut net, wat muer ass. A mir wëssen net, wat iwwermuer ass. Den Här Turmes huet virdrun erklärt, dass de Präis erofgaangen ass, well a China effektiv eppes ass, wou elo manner Demande ass. Wéi gesot, mir hunn hei eng extreem Volatilitéit op deem Dossier hei. Duerfir, aus der Héft schéissen, esou wéi d'CSV et gemaach huet mat enger Annonce, dat steet hinnen natierlech zou, dat ass super, géif ech och elo net kritisieren. Mee ech mengen, dass een hei effektiv muss méi op d'laang Vue kucken. An duerfir sollte mer dem Kriseninstrument Tripartite déi Chance ginn, déi et verdéngt. An duerfir proposéieren ech, déi Resolutioun hei net ze stëmmen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci, Här Baum. Dann den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. An ech wëll och der CSV Merci soe fir deen Text, dee se eis hei presentéiert. Ech ginn och vläicht ganz kuerz op deen Interview um 100,7 an.

Ech gesinn doranner schonn eng Symptomatik. Mir hunn no néng Joer bei de Gambia-Parteien, bei de Koalitionsparteien awer de Reflex, de Staat an d'Regierung mateneen ze verwieselen, de Reflex: „L'État, c'est moi!“ Wie Gambia kritiséiert, kritiséiert schonn net méi d'Regierung, kritiséiert direkt de Lëtzebuurger Staat.

An ech mengen, et ass scho wichteg ze ennersträichen: De Lëtzebuurger Staat, dat si mir alleguer, an dozou gehéiert eeben och e Parlament, wat fonctionéiert.

Wat elo de Fong ugeet vun der Saach, do ass jo och d'Madamm Lenert d'lescht Woch heihinnerkomm a si huet gesot: „Jo, mir maachen d'Tripartite.“ Bon, do muss een awer och e puer Saachen derzou soen.

Éischtens ass d'Tripartite net fir alles kompetent, wat an dëser Situatioun muss belicht ginn. D'Tripartite ass e wichtegt Instrument vum Sozialdialog, mee esou Saachen, déi sech awer parallel ...

*(Interruption par M. Gilles Baum)*

Wat sot Der, Här Baum? Entschëllegt, ech hunn Iech net héieren.

**M. Gilles Baum** (DP) | Et ass keen Arbeitskreis, wéi den Här Keup et gesot huet a senger Intervention d'lescht Woch. Et ass en extreem wichtegt an en extreem nützlecht Instrument, et ass keen Arbeitskreis.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Éischtens huet den Här Keup dat an deem Sënn gemengt, datt en eeben, genau wéi ech elo, dat Gefill huet, datt Der einfach d'Verantwortung wëllt op en anere Gremium ofleeden, an d'Tripartite, ...

*(Brouhaha)*

... d'Tripartite ass e wichtegt Instrument vum Sozialdialog. Mee esou Begleiterscheiningen, déi an dëser Diskussioun onbedéngt mussen diskutéiert ginn, wéi zum Beispill déi international Situatioun, wéi d'Zusammenaarbecht mat anere Staaten, wéi d'national Reserve bei fossille Brennstoffen an aner Saache gehéieren net direkt zum Kompetenzberäich vun der Tripartite. An dofir ass et absolutt gerechtfertegt, datt d'Parlament sech mat dëser Saache befaasst. Dat ass richtig.

Déi zwee Exercicer si complémentaire, mee mir als Parlament hunn net de Reflex, op jidde Fall d'CSV net an d'ADR ganz sécher net, mir hunn net de Reflex, eis aus der Verantwortung wëllen erauszuheulen.

Dat anert, wat ee muss soen, dat ass, datt ech och net richtig de Rasonement vun der Regierung ka gleewen. Wat gesi mer hei? Mir gesinn, datt den Här Minister kënnt a seet: „Mir hu ganz vill Moossname geholl!“, an esou weider, déi awer och nëmmen zum Deel gräifen. An da seet en: „Ech si frou“, dat ass ganz interessant gewiescht, „datt mer gesinn, datt d'Präisser falen, well mer elo eng Situatioun a China hunn – leider Gottes fir d'Chinesen –, datt mer elo do méi Covid hunn“, an dofir ass e frou, datt eeben elo den Differentiel bei den Tankstellen erëm zugonschte vu Lëtzebuerg ass.

Dat ass dee selwechte Minister, déi selwecht Partei, déi selwecht Regierung, déi eis priedegen, datt mer den Differentiel op den Tankstelle mussen ofschafen, datt mer mussen géint den Tanktourismus goen, an déi sech jo freeën – den Här Keup hat dat och d'lescht Woch rappéiert –, wann d'Bensinpräisser elo esou schéin akzeptabel si fir déi gréng Ministeren, well se esou deier sinn! Dat ass alles déi selwecht Regierung. Deen Discours ass net kredibel!

Wat hätt Der dann elo gär? Datt den Differentiel zugonschte vu Lëtzebuerg ass op den Tankstellen? Oder wëllt Der wierklech géint den Tanktourismus virgoen? Mee da gleewen ech Iech dat net, wat Der gesot hutt!

Mir als ADR, mir soen éischtens, datt mir eis als Parlament dëser Verantwortung net entzéien kënnen an datt mer net solle probéieren, alles op d'Tripartite ze leeën, wéi d'Regierung et hei probéiert, well se nämlech, mengen ech, sech ënnerteneen och net eens ginn. Ech ka mer virstellen, datt hei weinstens eng vun deenen dräi Regierungsparteie wëllt um Index fréckele goen an eng aner vläicht net. A well Der Iech net eens gitt, dofir wëllt Der net an d'Parlament kommen, mee dofir wëllt Der d'Verantwortung op d'Sozialpartner ofleeën!

An dat Zweet ass: Ech gleewen Iech, Här Minister, an Ärem gréngen Discours dat net, wat Der virdrun hei gesot hutt, datt Der Iech freet, datt den Differentiel elo zugonschte vu Lëtzebuerg ass, well Dir an Är Partei sidd jo déi, déi géint den Tanktourismus wëlle virgoen. Iech kann de Bensinn an den Diesel guer net deier genuch sinn, fir datt Der mat Ärer Ideologie do Progrès macht!

Ech soen Iech Merci.

*(Brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Ier ech der Madamm Lorsché d'Wuert ginn, wollt ech awer soen, dass déi Chamber hei sécher wäert hir Responsabilitéit an deem doten Dossier iwwerhuelen, wéi se se a sämtlechen aneren Dossieren iwwerhëlt. Dat hu mer elo während zwee Joer bewisen an där leschter Kris a mir wäerten dat och an dëser Kris weisen!

Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Ma merci, Här President faisant fonction. Dir hutt elo just dat gesot, wat ech wollt soen, nämlech, datt déi Chamber hei nach ëmmer hir Verantwortung iwwerholl huet, dass et och net esou ass, wéi wann d'Ministeren net an d'Chamber kéimen. Si koumen och d'lescht Woch op Demande heihin.

Mir hunn eng Debatt gefouert mat der Regierung. Ech wëll betounen, dass mer véier Kommissiounen hunn, déi hei betraff sinn: Finanzen, Famill, Energie an Ekonomie, an och nach d'Aussepolitik, firwat net. Déi véier, fënnf Kommissiounen hu kompetent Presidenten, déi sëtzen och hei, déi iwwerhuelen ëmmer hir Verantwortung a si bereet, Jointen ze maachen, wann d'Demande virläit. A vun dohier kann ech all déi Ennerstellungen, an dat war eng Ribambelle vun Ennerstellungen, datt d'Chamber hir Verantwortung net géif iwwerhuelen, déi de Kartheiser ... – Fernand – hei inzenéiert huet, ...

*(Hilarité)*

...a mir wäerten ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dat war en Dérapage contrôlé.

*(Hilarité)*

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Ech hu léiwer de Familjennumm virgeholl, well deen da méi wichteg ass a gewësse Situatiounen. Op alle Fall sti mir dozou, als Gréng, mat eisem President vun enger Kommissioun vun deene véier, fënnf, dass d'Verantwortung wäert weiderhin iwwerholl ginn an dass och déi ganz Theemen do wäerten hei beschwat ginn.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci der Madamm Lorsché. Weider Wuertmeldungen? Den Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. D'Madamm Lorsché huet mer quasi mäin Text geklaut,



well ech wollt genau dat selwecht soen. Ech mengen, mir hätte genuch Plazen an der Chamber hei, fir doriwwer ze diskutéieren. Mee d'CSV huet Recht, dass mer eis als Parlament mussen an déi Diskussioun do amëschten an dass mer mussen op deene verschiddene Plazen, sief dat an der Kommissioun oder och hei am Plenum, doriwwer schwätzen.

Firwat ech awer nach elo nach d'Wuert ergraff hunn, dat ass, fir dem Här Kartheiser äntweren, dee jo gemengt huet, hie géif hei e grouse Sträit fannen tëschent den dräi Koalitionsparteien, wat den Index ugeet. Ben, ech ka mech drun erënneren, dass mer viru véier Wochen hei eng Motioun gestëmmt hu mat 31 Stëmme vun der Majoritéit. All Deputéierte vun der Majoritéit huet derfir gestëmmt, dass mer um Indexsystem, esou wéi en am Moment fonctionéiert, géife festhalen. An ech hunn nach eng Kéier nogekuckt: Mir ass opgefall, dass d'ADR déi Motioun net matgedroen huet.

**Plusieurs voix** | A!

**Une voix** | Dat kann dach net sinn!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci dem Här Cruchten. Den Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also, jo, wann d'Präisser och elo erofginn oder virdrun an d'Luucht – ech hunn elo nach eng Kéier nogekuckt, haut si mer op 8 % minus duerch geopolitesch Aspekter –, muss een awer elo soen, dass an Zwëschenzäit da quasi all Bierger onfräiwëlleg op der Bourse handelt. Dat heescht, et muss een awer elo iergendeng Kéier konkret ginn. Ech verstinn, dass der elo 31 Nee wäerte soen, mee ech appelléieren awer op d'mannst, dass mer iergendeng Kéier zesumme komme mat enger Finanzkommissioun a mat enger Energiekommissioun, fir ze kucken, dass de Bierger net muss e bësse spekulativ soen: „Ginn ech haut tanken, ginn ech muer tanken?“, dass mer dat awer iergendwéi stabiliséiert kréien.

Et kann net sinn, dass et op eemol 38 Cent eropgeet, deen aneren Dag 40 Cent erof. Mir loosse eis Bierger quasi onfräiwëlleg op enger Bourse matspekuléieren doduerjer, dass mer net iergendee System kënnen fannen, fir awer op d'mannst déi héich Ënnerscheeder iergendwéi hinze kréien. An do appelléieren ech – ech mierke jo, datt dat hei ofgeleent gëtt –, dass mer iergendeng Kommissioun wäerte maachen, fir de Bierger awer do ze schützen.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Mir hunn et verstan. Wann d'Präisser an d'Luucht ginn, ass et der Regierung hir Schuld, a wa se erofginn, dann ass et wéinst geopolitesch Spekulationen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dat hunn ech dach elo guer net gesot. Hutt Der meng Ried d'lescht Kéier gelauschtert, Här Kersch?

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Also, ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dir sidd einfach ëmmer Schold, da sidd Der zefridden!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | ... Kollegen, Kollegen, à moins dass d'Auteurs nach eppes dozou wollt soen? Den Här Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV), auteur | Merci, Här President. Ech soen deene Fraktiounen Merci, déi dës Resolutioun wëlle matstëmmen. Den Här Spautz huet mer als Vizepresident vun dëser Institutioun e Fascicule eriwerginn iwwert d'Constitution. Dat ass, souwäit ech mech kann erënneren, un all Haushalt gaangen. An do huet e mat Recht drop higewisen, datt op der Sait 8 steet: „D'Regierung an hir Membere mussen sech géintwärtig der Chamber veräntweren.“ Bon.

Wat mir wëllen, dat ass, dass dat Veräntwertete vun der Regierung geschitt an enger koordinierter Phas, an enger koordinierter Form. An duerfir hu mer dat selwecht proposéiert wéi 2008 bei der Finanz- a Bankeris. Do hätt ee jo och kënnen soen deemools: „Majo, da gitt an all Ausschuss, gitt an d'Finanzkommissioun, gitt an d'Ökonomiekommissioun, gitt an d'Sozialkommissioun, gitt an d'Travailkommissioun a gitt an d'Ëmweltkommissioun“, an ech weess net Gott wat.

Ech ka mech just erënneren, well ech deemools e Joer an der Chamber war, dass den Här Juncker opgestanen ass op där doter Plaz, wou den Här Turmes sëtzt, an en huet net déi Resolutioun vum Här Goerens ofgewimmelt, mee en huet gesot: „Et ass e richteg déiwe Problem fir eist Land!“ A sënnegeméiss huet e gesot: „Ech hunn zwar näischt ze soen als Member vun der Regierung géintwärtig vun enger Resolutioun, wou d'Chamber driwwer ze befannen huet, mee wann ech Deputéierte vun dëser Chamber wier, da géif ech menger Fraktioun an deenen anere recommandéieren, dës Resolutioun unzehuelen. Mir stelle fest, dass dat net de Fall ass.“

Den Här Goergen, deen elo hei ofgewimmelt ginn ass, deen huet jo op ee Punkt higewisen. Et ass jo net esou, dass virun enger Woch, mëttwochs owes, d'Präisser fir d'éischt an d'Luucht gaange wieren an da wiere se freides owes erëm erofgaangen. Vergläicht emol eng Kéier déi Präisser, wéi se ware virun leschte Mëttwoch, oder vergläicht och d'Präisser, wéi se elo sinn, mat deene vum 1. Januar a vu virdrun. An deen Debat hu mir jo net ugefaangen, wéi den Ukrain-Krich ausgebrach ass. Nee, mir hunn den Debat, wann ech mech gutt kann erënneren, um Enn vum leschte Joer lancéiert. Mir hunn och nach eng Kéier véier konkret Propositionen vun eiser Sait gemaach. Soss sot Der ëmmer: „Wat sinn dann Är Propositionen?“ Ma mir hu véier konkret Propositionen.

A wann ech kucken, wat am Ausland ass, sief dat a Frankräich, sief dat an Däitschland, sief dat an der Belsch, déi Debaten, déi do sinn, déi pendele sech sensiblement op déi véier selwecht Punkten an. An duerfir mengen ech, dass dat net nëmmen e Recht, mee eng Pflicht vun eiser Fraktioun ass, fir dat ze maachen. Mir gesinn, dass et net de Wëllen ass, fir dat majoritär ze approvéieren. Bon, dann huele mer déi Mëttelen, déi eis zur Verfügung stinn, a mir wäerten dann déi eenzel Ministeren an d'Fachkommissionen zitéieren a mir kucken dann, ob se dann och deementsprechend direkt kommen.

Ech kann Iech elo schonns ukënnegen, dass muer eng Demande de convocation urgente erausgeet un d'Madamm Backes, fir dass se dann och emol eng Kéier de Wee hei bei eis fënn, ier se op den 100,7 geet. A mir wäerte se da questionéieren, zesumme mat de Vertrieeder vun den eenzelne Verwaltungen, ech denken hei besonnesch un den Direkter vum Enregistrement, fir dass se eis seet, wat d'Méiglechkeete sinn, fir op der TVA erofzuegoen. Mir wäerte se convoquéiere mat dem Här Bellot, dem Direkter vun der Douanesadministration, fir dass se eis seet, wat op den Accisë méiglech ass, wéi dat iwwerens an der Spezialkommissioun 2008 de Fall war, wou niewent de Verwaltungen, wou niewent de Fachverbänn, wou niewent de Gewerkschaften, wou niewent de Patronatsorganisationen d'Leit de Wee an d'Chamber fonnt hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, hei spillt sech d'Demokratie of an dat Recht loosse mir eis als gewielte Volleksvertrieeder, déi op dëser Sait sëtzen, net ofschwätzen.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Do huet jo keen e Problem domat. Maacht Är Aarbecht! Maacht Är Aarbecht, kee Problem!

(Interruptions et brouhaha)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Wat gelift?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Fait personnel, well den Här Roth huet mäin Numm genannt.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Fait personnel?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo, den Här Roth hat mäin Numm gesot.

(Brouhaha)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Nee, dat ass ..., also, et deet mer leed ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Mee ech wollt just eppes kloerstellen, wat den Här Roth mer gesot huet.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Et deet mer just leed, wann een engem säin Numm nennt, ass dat kee Fait personnel.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Nee, Här President, ech wollt just eppes kloerstellen.

**Plusieurs voix** | Ou!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dat Eenzezt, wat richteg ass, dat ass, ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Elo wäre mer scho fäerdeg, ech wollt just eppes soen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | ... dass ee sech soll un d'Chamber adresséieren an net un den eenzelnen Deputéierten. Mä sot.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo, Här Roth, ech wollt Iech ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Den Här Roth huet den Här Goergen gelueft an duerfir ass et Fait personnel. Dat ass awer logesch.

(Hilarité)

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Gesitt Der. Ech si frou, emol eng Kéier gelueft ze ginn.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Hie kann dat net verdroen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech wär och scho laang fäerdeg. Ech wollt just soen, Här Roth ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, Dir kënnt hien och ënnerbriechen!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Här Roth, ech si vollkomme mat Iech averstanen, wat Der gesot hutt. Just, mir Piraten hunn d'lescht Woch esou eng Demande gemaach, fir d'Finanzministesch an eng Kommissioun ze kréien. Mir krute gesot, si wëllt net kommen.

(Brouhaha)

**M. Gilles Baum** (DP) | Wien huet dat gesot, wann ech gelift? Ganz kloer eng Äntwert: wien huet gesot, d'Finanzministesch wëllt net kommen? Wien huet dat gesot?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dir kënnt Äre President vun der Finanzkommissioun froen, deen nëmmen de Botschafter war vun deem, wat de Finanzministère geäntwert huet.

**Une voix** | Fait personnel.

(Hilarité)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Elo jo.

(Hilarité)

**M. André Bauler** (DP) | Jo, Här Roth, Här Goergen, ech wollt Iech just soen, datt déi Froen, déi Der gestallt hutt, Objete wäerte sinn an der Tripartite. An dat war eng Äntwert, déi ech Iech elo mol ginn hunn. Mee rien n'empêche, dass d'Madamm Ministesch kënnt. Et geet





jo eng Demande eraus, da wäert se och an d'Finanzkommissioun kommen. Si kënn schonn den nächste Méinden an eng Kommissioun mam Logement zesummen. Si ass dann am Fong geholl déi nächst Zäit dacks do.

**Une voix** | A wéini ass d'Tripartite? Dat géif eis och nach interesséieren.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Also, Kollegeinnen, Kollegen, ech wollt just zu der Interventioun, dass d'Regierung zu jiddwer Zäit der Chamber Ried an Äntwert ze stoen huet, Follgendes soen: dass dat effektiv richteg ass, mee dass et der Chamber hiert Recht ass, fir ze definéieren, a wat fir enger Form dass dat geschitt. Bon, an där Situatioun si mer elo an da stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of.

#### Vote sur la résolution

De Vott ass lancéiert. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

29-mol Jo, 31-mol Nee.

**Une voix** | Wien hätt dat geduecht?

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Domat ass d'Resolutioun de justesse ofgeleent.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Marc Spautz), M. Laurent Mosar (par M. Max Hengel), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

*Ont voté non* : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi,

Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par Mme Cécile Hemmen), Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. François Benoy), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

Kollegeinnen a Kollegen, ech soen Iech Merci fir déi Aktualitéitsstonn, wat en fait zwou Aktualitéitsstonne waren. Mee „le sujet mérite discussion“ an duerfir war et gutt, dass een näischt ofgeblockt huet.

An ech géif domat eis Sëtzung zu engem gudden Enn bréngen. Kommt gutt heem an da bis muer de Mëtteg um 14.00 Auer.

(La séance publique est levée à 18.18 heures.)

## 43<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président

### Sommaire

- Ouverture de la séance publique** ..... p. 42  
M. Fernand Etgen, Président
- Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des capacités de production alimentaire européennes ainsi que les questions en matière d'approvisionnement à la suite de l'invasion de l'Ukraine par la Russie** ..... p. 42  
Exposé : Mme Martine Hansen  
Débat : M. Gusty Graas | Mme Tess Burton | Mme Chantal Gary | M. Jeff Engelen (dépôt de la motion 1) | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural (intervention de M. Sven Clement) | Mme Martine Hansen (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Haagen | Mme Martine Hansen (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Haagen  
Motion 1 : Mme Tess Burton | Mme Martine Hansen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen | M. Jeff Engelen | M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural  
Vote sur la motion 1 (rejetée)
- Ordre du jour** ..... p. 50  
M. Fernand Etgen, Président
- Dépôt d'une motion par M. Fred Keup** ..... p. 50  
Exposé : M. Fred Keup
- 7862 – Projet de loi portant modification des articles L. 414-3 et L. 414-9 du Code du travail** ..... p. 50

- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Dan Kersch
- Discussion générale : M. Marc Spautz | Mme Carole Hartmann | M. Charles Margue | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement
- Prise de position du Gouvernement : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 7931 – Projet de loi portant dérogation temporaire à l'article L. 523-1 du Code du travail** ..... p. 52  
Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Dan Kersch  
Discussion générale : M. Marc Spautz | Mme Carole Hartmann | Mme Djuna Bernard | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire  
Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Motion de M. Fred Keup concernant le retrait de la présence militaire luxembourgeoise de la région du Sahel** ..... p. 53  
Discussion générale : Mme Stéphanie Empain | M. Marc Goergen | M. Claude Wiseler | Mme Nathalie Oberweis | M. Fernand Kartheiser | M. Yves Cruchten  
Vote sur la motion (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Claude Haagen et M. Georges Engel, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.02 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Nee, Här President, dat ass net de Fall.

### 2. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des capacités de production alimentaire européennes ainsi que les questions en matière d'approvisionnement à la suite de l'invasion de l'Ukraine par la Russie

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech géif d'Wuert ginn un déi honorabel Madamm Martine Hansen, fir de

Sujet vun der Aktualitéitsstonn virstellen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

#### Exposé

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Villmools merci, Här President. An Europa ass Krich, Europa ass an enger Energiekris, an all dëst riskéiert, dramatesch Konsequenzen op déi weltwäit Ernährungssécherheet ze hunn.

D'Ukrain a Russland sinn d'Kärekkummere vun der Welt. An déi riskéiere leider auszufalen. Russland an d'Ukrain, déi decken een Drëttel vum Weessbedarf



weltwäit, iwwer 80 % vun de Sonneblummen. D'Ukrain eleng, do kënn een op 10 % vum international gehandelt Weess, 16 % vum Mais. 400 Milliounen Mënschen si vun deene Produktiounen ofhängeg.

Elo sinn awer éischters emol d'Hafeninfrastrukturen zerstéiert. Dat heescht, och wann eppes kéint exportéiert ginn, kann et net méi. An zweetens ass leider aus deem fruchtbare Buedem, esou wéi dat am „Handelsblatt“ stoung, ee Schluechtfeld ginn.

Dat, wat elo do steet, Wanterkulturen, déi missten elo onbedéngt gedüngt ginn. Dat, wat awer nach net do steet, d'Sommerkulturen, déi missten elo onbedéngt geséint ginn. Mee mir hu keen Dünger. De Präis explodéiert. An, leider Gottes, ass och nach Russland den Haaptexporteur fir de Stéckstoffdünger, deen, deen am wichtegsten ass fir den Ertrag.

Mir hu keen Diesel. 75 % vum Diesel aus der Ukrain kënn och aus Russland, an deen aneren Diesel brauche se am Krich. Et ass keng Aarbechtskraaft op de Felder. Dat heescht, mir hu keng Summersoten, déi gemaach ginn, a mir riskéieren ee staark reduzierten Ertrag bei de Wanterkulturen ze hunn, well eeben déi néideg Düngung net ka gemaach ginn. A wann de Krich virugeet, da riskéiere mer, och nach am Sommer keng Recolte kënnen ze hunn.

D'„Handelsblatt“ hat den 9. Mäerz een Expert zitéiert, deen awer säin Numm net wollt nennen, mee en huet awer beschriwwen, wéi extreem dramatesch d'Situation ass. „Putin muss gar keine Atombomben einsetzen. Ein Agrarkrieg ist viel effektiver, um den Westen und die ganze Welt zu destabilisieren.“ Well global gesinn treëft et elo erëm eng Kéier fir d'éischt déi Al-lerärmst, dat ass: Afrika, de Mëttleren Osten, dann ass Ägypten zu 80 % vun de Kärenimporter aus der Ukrain a Russland ofhängeg.

Änlech gesäit et am Libanon aus: 90 % vun de Weessimporter kommen do aus der Ukrain. Tunesien, Nigeria gesäit net vill besser aus. D'Hallschent vun de Kären, déi iwwert de Welternährungsprogramm solle verdeelt ginn, kënn aus der Ukrain – respektiv et kënn elo net!

Dëst alles riskéiert, zu weidere soziale Spannungen ze féieren an zu enger weiderer Destabiliséierung vun der politescher Lag, wat mer net dierfen ënnerschätzen.

Wa mer dann Europa kucken, da wäert Europa kuerzfristeg net vu Liewensmittelnknappheet bedrot sinn. Mee och dat hänkt mëttelfristeg nach vum Düngermaart of. Den Düngermaart ass am Moment eidel, well vill Hiersteller hunn doduerch, well den Äerdgas esou deier ass – an d'Düngemittelproduktioun brauch vill Energie –, einfach net méi produzéiert. Dat heescht, et ass es net vill do. De Präis ass explodéiert. An, ech hunn et scho gesot: Russland ass dee gréissten Düngerhiersteller, vun deem mer importéieren.

Dat heescht, och wa mëttelfristeg oder kuerzfristeg an der EU d'Liewensmittel net wäerte knapp ginn, esou huet awer, éischters, Europa eng Verantwortung vis-à-vis vun deenen anere Länner, huet och eng Verantwortung ze droen, fir eng Ernärungskris weltwäit ze verhënneren! An ech well hei nach eng Kéier soen: Den Export vu Liewensmittel ass net allgemeng ze verdäiwelen! Heiansdo héiert een dat esou dorëmer.

An zweetens: An Europa selwer riskéieren, nieft den Energiepräisser, d'Liewensmittelpäisser duerch d'Decken ze goen. An déi wäerten nach eemol dättelech klamm. An och do muss de Leit bis wäit an d'Mëttelschicht eran, genausou wéi an der Energie, gehollef ginn.

Duerfir, Här President, fuerdere mer éischters, datt d'Liewensmittelsécherheet, d'Liewensmittelsouveränitéit erëm eng Kéier een explizitt Zil vun der Gemeinsamer Agrarpolitik gëtt.

Dir wësst, d'Agrarpolitik, hiert éischt Zil war, fir d'Liewensmittelsécherheet ze suergen! Si hat dat Zil relativ séier, relativ gutt, vläicht ze gutt erreecht. An dunn ass d'Zil vun der Liewensmittelsécherheet e bëssen a Vergess geroden.

Mir brauchen awer e Gläichgewicht. Mir brauchen e Gläichgewicht tëschent Produktioun an Ëmwelt. Genau dat ass Nohaltegkeet!

Et geet also net drëm, déi bestoend Ziler a Fro ze stellen. Neen! Et geet just drëm, en zousätzlecht Zil derbäizesetze bei der PAC, nämlech d'Souveränitéit alimentaire. An hei wäere mer wierklech frou, d'Positioun vun der Regierung ze héieren.

Wann een dann och dat Zil derbäigesat huet, da geet et net duer. Da muss ee jo och kucken, datt een dat Zil erreecht. An duerfir froe mer, éischters, datt d'Farm-to-Fork-Strategie, déi jo een Deel vum Green Deal ass, soll iwwerpräift ginn. Well fir eis als CSV ass et kloer: Et ass zu dësem Moment net vertriebar, datt eis Bauere verpflichtet ginn, Fläche broochzeleeën.

Wëssenschaftler soen, datt d'EU duerch de staarke Produktionsrückgang opgrond vun der Farm-to-Fork-Strategie bei de Kären a bei der Randfleischproduktioun vun engem Nettoexportland zu engem Nettoimportland wäert ginn, dat heescht, ofhängeg wäert ginn; de Géigendeel vun der Souveränitéit, vun der Liewensmittelsouveränitéit!

Duerfir soe mer kloer, datt op EU-Niveau déi 4 % verpflichtend Stëlleeung vun der Akerfläch muss kuerzfristeg ausgesat ginn.

Fir et just ze verdäitlechen: 4 % Akerfläch mécht zu Lëtzebuerg 2.500 Hektar aus! 2.500 Hektar – ech hu mech ameséiert, dat a Brout ëmzerechnen: Wann ech Brout vun engem Kilo hätt, déi meescht hu kee Kilo méi doheim, mee Brout vun engem Kilo, da géif dat 11 Milliounen Brout ginn, wat mer einfach net produzéieren! An der EU mécht dat 4,2 Milliounen Hektar aus. Ech hunn dat do net méi a Brout ausgerechent, well ech mengen, dat wiere mer ze vill Zuele ginn.

Sou! Broochfläche sollen zumindest kënnen genotzt ginn, fir Eewäissfuudermittel drop ze produzéieren, well et ass och dat – an dat ass ganz einfach Pragmatismus –, wat mer aus der Ukrain importéieren.

Här President, nieft dem Agéieren op EU-Niveau muss och op nationalem Niveau gehandelt ginn, fir eeben de gudden landwirtschaftleche Buedem ze schützen a fir d'Liewensmittelproduktioun ze erhalen.

Déi lescht Woch oder déi viregt Woch, ech weess et net méi genau, war am „Lëtzeburger Bauer“ ee Leitartikel mam Titel „Fruchtbare Flächen sind nicht vermehrbar“. An et steet viles a Konkurrenz zu der Liewensmittelproduktioun, och déi erneierbar Energien. Dat hu mer gëschter héieren. Wandmillen, Solarpannoen, de Biomethan solle verduebelt ginn, laut Kommissioun. Dat alles brauch Flächen. An da brauch et heiansdo nach zousätzlech Fläche fir ze kompenséieren.

An am Sënn vun der Liewensmittelfécherung fuerdere mer hei, an dat ass deen zweete Punkt, eng Evaluatioun an eng Upassung vun de Kompensationsmesuren hin zu manneer flächenintensiver Kompensatioun.

Här President, nieft der Ernärungssécherheet, der Ernärungssouveränitéit, déi erëm muss méi an de Mëttelpunkt vun der Politik kommen, soe mer och, datt déi europäesch national Landwirtschaft mat de vir- an nogelagerte Betriber muss ënnerstëtzt ginn. Well nëmmen, wann d'Betriber kënnen rentabel schaff, behale mer och eng nohalteg Landwirtschaft fir d'Zukunft.

An duerfir fënnep Punkten:

Ech widderhuelen eis Fuerderung, déi de Gilles Roth hei scho méi wéi eemol gesot huet: eng Deckelung vum Masutts-, Diesel- a Gaspräis. Ech soen hei just: D'Geméisproduktioun an den Zären, déi ass extreem intensiv, energieintensiv. D'Leit brauche Previsibilität. A si brauchen eng Senkung vun de Käschten.

Zweetens: Direkt Bähillefe fir déi Betriber, déi am meeschten heivunneer betraff sinn. Dat ass, ënner anere, de Schwéngssektor. Hei geet et definitiv direkt ëm d'Iwwerliewen. Ech hu mat engem Bauer geschwat. Dee sot mer, datt en elo schonn 30 Méint laang Defizit mécht! Also, dee laangen Otem ass iergendwann eng Kéier eriwuer. Dee sot mer och, datt en dëst Joer schätzungsweise 80.000 Euro méi Energiekäschten huet an 200.000 Euro méi Fudderkäschten. Dee wäert elo säin neien Trakter, deen e virun zwee Joer kaaft huet, verkafen, fir datt en iwwerhaupt nach iergendwellech Liquiditéit huet. Dee verkeeft en awer nëmmen eemol an dann ass et iergendwann eng Kéier fäerdeg.

Ech kéint och elo nach aner Beispiller bréngen, wéi eeben vum Beispill d'Geméisproduktioun an den Zären, wou esou dacks jo awer vun der Politik gesot gëtt: „Mir brauche méi Geméis.“ Här President, fir si alleguer gëllt: Dës Betriber brauchen eng kloer Ausso an eng direkt Hëllef vun der Regierung.

Drëtte Punkt: eng Moosnam, fir Null-Prozent-Kreditter ze maachen, fir d'Produktionsmittel elo kënnen virzefinanzéieren. Mir wëssen, mir müssen elo Dünger kaf, mir müssen elo Saatgutt kaf. Dat ass extreem deier. D'Bauere wëssen net, wat an Zukunft ass. Et ass wierklech eng richteg Onrou am Sektore, well se net wëssen, wat kënn. Also: Null-Prozent-Kreditter respektiv eng „année blanche“ fir d'Zréckbezuule vun de Kreditter.

Véiertens: D'Ëmwelt ass wichtig. A grad elo denken ech, datt mer och do sollen Incentives setzen. An duerfir eise véierte Punkt: eng Steuerbefreiung vun den Agrarëmweltprimmen.

A fënneftens: Zur Liewensmittelsécherheet gehéieren och d'liewensmittelverarbeitend Betriber. Ech hat mat der Luxlait geschwat. Déi brauchen extreem vill Energie. Si hunn am Moment Stroumkäschten vun 2 Milliounen Euro. Hire Kontrakt leeft nach virun. Wann de Kontrakt elo géif opgekënnegt ginn a si missten deen elo ënnerschreiwen, hätt se Stroumkäschten vun 9 Milliounen Euro – 7 Milliounen méi! Dat packe se net méi. Si soten: „No der Covidkris ass dat net méi ze packen.“ An da sinn nach d'Verpackungskäschten, déi explodéieren, d'Transportkäschten, déi explodéieren. Mir müssen deene Betriber hëllefen! An duerfir brauche mer och hei eng konkret Energiehëllef fir dës Betriber a virun allem och erëm eng Kéier Previsibilität.

An dee leschte Punkt, Här President: D'Liewensmittel müsse bezuelbar bleiwe fir jiddwereen. An duerfir ass et fir eis extreem wichtig, datt elo schonns geplangt gëtt, wéi de Konsumente gehollef gëtt, wann d'Liewensmittelpäisser explodéieren. An déi wäerte stramm an d'Luucht goen! Dat zousätzlech zu den Energiekäschten. Dëst ass fir eng ganz Partie Haushalter – an dat gëllt, mir hunn dat scho méi wéi eemol gesot, net nëmme fir déi, déi um niddregsten Niveau vun de Gehälter sinn, mee dat geet bis wäit an d'Mëttelschicht eran – net méi ze packen. Mir fuerderen also elo schonns d'Regierung op, och hei e Mechanismus ze schafen, fir dese Leit ze hëllefen.

Mir hunn et scho gesot, an ech widderhuelen et nach eng Kéier: Är Energieprimm an Är Upassung vun der Deierechtzoulag ginn net duer.

De Message vun eis als CSV ass kloer:

Éischters: D'Ernärungssécherheet muss erëm eng Kéier zu engem zentralen Zil vun der Europäescher



Agrarpolitik ginn. An duerfir eng Upassung vun der Farm-to-Fork-Strategie. Eng verpflichtend Flächestilllegung kënn et net a Fro.

Zweetens: D'Betriber mussen onkomplizéiert gehollef kréien. Si sinn den A an den O vun der Liewensmittelproduktioun.

An drëtten: D'Liewensmittel mussen fir jiddweree bezuelbar sinn a bleiwen. An et mussen elo scho Bäihëlfe geplangt ginn, fir datt déi séier kënnen ausbezuelt ginn, wann et noutwendeg ass.

Här President, ech hunn haut drop verzicht, Motiounen ze maachen, well ech hat gëschter e bëssen d'Flemm no deem 29/31-Theater.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Hansen.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas agedroen. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Gusty Graas (DP)** | Merci, Här President. Zënter dräi Wochen ass Krich an der Ukrain. Zënter dräi Wochen ass groust Leed an deem Land. Et ass eng extrem humanitär Katastroph, a leider ass nach keen Enn do ofzegesinn.

Dee Krich huet natierlech awer och enorm Konsequenze fir d'Ekonomie, net nëmme fir déi national Ekonomie an deem Land, mee virun allem och fir déi europäesch an och fir déi international. An och mir hei zu Lëtzebuerg spieren natierlech awer d'Konsequenze vun deenen Entwécklungen do.

Et ass gewosst, datt d'Ukrain virun allem awer e Land ass, wat extreem vill Käre produzéiert. Et ass ee vun deene gréisste Käreproduzenten hei op der Welt, an zwar deen aachtgréissten. 12 % vum Weess, deen hiergestallt gëtt, kënn aus der Ukrain, 16 % vum Mais, 18 % vun der Geescht, 19 % vum Raps. An iwwert d'Hallschecht vum Sonneblummeneleg gëtt an der Ukrain hiergestallt.

Da muss een och wëssen, datt de Moment eng ronn sechs Tonne Weess, sechs Milliounen Tonne Weess, pardon, blockéiert sinn an den Häfe vun der Ukrain, déi also net kënnen exportéiert ginn, wuel wëssend, datt dat natierlech enorm Problemer mat sech bréngt.

Jiddefalls, de Moment kënn mir als Lëtzebuerg nach soen, datt mer op eng Manéier dovun verschount sinn, well dat keen direkten Impakt huet op eis Weessproduktioun. Mee dat ass nach, wéi gesot, eng aktuell Situatioun.

D'Präisser explodéieren – dat hu mer an deene leschten Deeg hei oft genuch diskutéiert – um Niveau vun der Energie, um Niveau vun Düngemittelen, mee natierlech och um Niveau vun de Kären.

De Boursepräis vun enger Tonn Weess louch zum Beispill elo d'lescht Woch bei 403,75 Euro. Zum Verglach: Den 9. Juli 2021, dat heescht also virun aacht Méint, do waren dat just 197,25 Euro.

Dann de Produktiounsmittelindex, deen ass d'lescht Joer ëm 12,5 % an d'Luucht gaangen. Dat war also nach virun Krich. Et kann ee sech also llicht virstellen, wat dat elo de Moment bedeit.

Mir müssen eis bewosst sinn, datt virun allem eis Produiten, déi op Niveau vu Kären hiergestallt ginn, och an deenen nächste Wochen a Méint wäerte méi deier ginn. An dat selwecht gëllt fir d'Déierefudder. An och eng Rei vu Produkter wéi Eeër, wéi Mëllechprodukter respektiv Fleesch wäerten an nächster Zäit am Präis klammen.

Hei zu Lëtzebuerg gi jo plus ou moins eng 150.000 Tonne Käre produzéiert. Mee dëse Krich beweist op alle Fall eppes ganz kloer: Datt mer eng global Ekonomie hunn an datt déi global Ekonomie natierlech och hir Nodeeler ka mat sech bréngen, wa Krise sech astellen. Mir liewen elo an där zweeter Kris noneen. Déi éischt ass nach net eriwwe, d'Covidkris. Elo si mer an där zweeter. An do gesäit een awer déi Vernetzung vun der Ekonomie weltwäit, datt dat awer ganz séier och kann immens Repercussioune quesch iwwert de ganze Planéit hunn.

Duerfir ass déi Debat vun haut och ganz wichteg. Ech soen och der Madamm Hansen duerfir Merci, datt se déi hei ugefrot huet.

Eppes ass ganz kloer: Als Europa mussen mer enorm Efforte maachen, fir esou vill wéi méiglech onofhängeg ze gi vun Importer weltwäit. Well dat huet sech ganz kloer erausgestallt, datt mer ëmmer méi ofhängeg waren an deene leschte Joren, net nëmme um Niveau vun der Agrarpolitik, mee och um Niveau vu ganz anere Sektoren. An dowéinst ass et wichteg, datt Europa sech eng Zilsetzung gëtt, fir eebe wéi gesot an der Produktioun méi onofhängeg ze ginn. Natierlech, kee Land kann autark funktionéieren. An awer sollt versicht ginn, esou vill wéi méiglech an d'Richtung ze goen, fir onofhängeg ze produzéieren.

Jiddefalls, wann déi Situatioun sech sollt verschlimmere – an et soll ee sech kengen Illusiounen hierginn, warscheinlech wäert dat sech an deenen nächste Wochen a Méint nach zousätzlech negativ entwéckelen –, da muss och deen Europäesche Mechanismus fir d'Krisituatioun am Beräich vun der Ernährungssécherheet, den EFSCM (ndlr: European food security crisis preparedness and response mechanism), zousätzlech aktivéiert ginn.

A Frankräich huet elo den Agrarminister, den Här Denormandie, gefrot, datt um Territoire vu Frankräich an Zukunft méi misst produzéiert ginn. Da si mer natierlech ganz séier an der Diskussioun – an d'Madamm Hansen huet dat virun hei och ugeschnitten –: Dat ass déi 4 % Flächestilllegung, déi jo elo envisagéiert ass duerch déi nei PAC, awéifern dat och vläicht hei zu Lëtzebuerg, zumindest temporär, muss a Fro gestallt ginn. Ech ginn awer dovun aus, datt den Här Minister eis wäert do zousätzlech Explikatiounen ginn.

Ech wëll dann awer och kuerz zrëckkommen op dee Communiqué de presse, deen d'Centrale paysanne där Deeg hei matgedeelt huet. Ënner anerem schreibe se do: „Die Centrale paysanne erkennt die Wichtigkeit der ökologischen Aspekte einer Gemeinsamen Europäischen Agrarpolitik an. Diese müssen aber in den kommenden Monaten in den Hintergrund treten.“

Et muss een awer ganz éierlech sinn: Mir müssen awer och elo oppassen, datt mer hei elo net eng Kris géint déi aner ausspillen. Mir hunn nach eng Kris ëmmer am Hannerkapp, dat ass déi ökologesche Kris. Ech hu Verständnis, datt esou Aussoen elo gemaach ginn. An awer mussen mer do e gudden Equiliber fannen. Net datt mer elo vun engem Dag op deen aneren awer och eis gutt Intentiounen, déi mer um Niveau vun dem Émweltschutz hunn, ze vill séier géifen an den Hannergrond setzen.

Dat selwecht gëllt e bëssen och fir déi Farm-to-Fork-Politik. Ech mengen, do huet den Agrarminister eng ganz interessant Äntwert ginn op eng Question parlementaire, déi ech mat mengem Kolleg André Bauler den 8. Mäerz ..., respektiv krute mer do d'Äntwert. An zwar huet de Minister do gesot, datt déi Farm-to-Fork-Strategie kéint zu enger Reduktioun vun der Liewensmittelproduktioun vun 10 % bis 15 % féieren. Och dat ass e Punkt, deen natierlech zu deemem Zäitpunkt muss méi diskutéiert ginn.

Natierlech mussen mer eis Gedanken maachen: Wéi kënnen mer och den eenheemesche Liewensmittelproduktiounsmaart verbessern? Mir gesinn als DP do virun allem dräi Achsen, wou ee versiche muss, an Zukunft nach méi staark ze investéieren:

Éischstens natierlech um Niveau vum Uebst a Geméis. Da si mer och ganz séier bei dem Volet vun den Zären. Awéifern kënnen mer awer och deen nach méi ausbauen? Awéifern mussen mer versichen, an Zukunft vläicht nach méi iwwert de Wee vun Zären hei zu Lëtzebuerg ze produzéieren?

An natierlech de Fleeschsektor, et ass scho virun hei ugeschnitten ginn. Natierlech si mer ganz séier och beim Schwéngssektor. Mir wëssen, datt deen an enger extremer, ganz schwieriger Situatioun ass, bis hin, datt souguer eenzel Schwéngfleeschproduzenten an enger existenzieller Kris sinn.

An deen drëtten Punkt, dat ass natierlech och d'Fro, nei Kulturen hei zu Lëtzebuerg virzegesinn – ech denken do un de Soja, dee jo virun allem och an der Fudderproduktioun benotzt gëtt –, an ob een net och do sollt kucken, dat hei zu Lëtzebuerg nach kënnen ausbauen.

Jiddefalls, déi aktuell Kris soll derzou genotzt ginn, fir eeben och déi eege Produktioun hei zu Lëtzebuerg nach ze erhéien.

Ofschléissend wëll ech awer nach eng kuerz Iwwerleeung maachen. Selbstverständlech hu mer all Ursaach, och verschidde Saachen hei kritesch ze hannerfroen. Mee mir müssen awer och an de Kontext setzen. Wann ee bedenkt, wat déi Kris hei mat sech bréngt vun negativen Konsequenzen fir vill aner Länner – ech denken un Ägypten, ech denken un de Sudan, ech denken un de Libanon –, dann, mengen ech, solle mer awer trotzdeem an eise kriteschen Iwwerleeungen nach e bësse méi zrëckhalend sinn.

*(Interruption par la présidence)*

Well dat sinn ...

*(Interruption par la présidence)*

... awer ganz aner Problemer, déi sech do stellen.

Bon, onofhängeg dovunner, wéi gesot, ass et awer wichteg, datt d'Lëtzebuerger Agrarpolitik sech och drop astellt, ...

*(Interruption par la présidence)*

... an Zukunft ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Här Graas, Dir musst esou lues zum Schluss kommen.

*(Interruptions)*

**M. Gusty Graas (DP)** | Ok, dat maachen ech dann och, Här President, selbstverständlech, mat der ofschléissender Remark dann, wéi gesot, datt mer sollen awer och vun där Kris hei profitéieren, fir esou vill wéi méiglech eng eege Produktioun ...

*(Interruption par la présidence)*

... hei zu Lëtzebuerg ze entwéckelen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Graas. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Tess Burton (LSAP)** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, grondsätzlech huet d'EU gutt Capacitéiten, fir Liewensmittel ze produzéieren, an ass an der Lag, hir Bevëlkerung ze ernären. Genau dat war jo Enn de 50er-Joren d'Zil vun där Gemeinsamer Agrarpolitik: eng héich Produktivitéit a bezuelbar Liewensmittelpräisser fir d'Bevëlkerung. Dee Modell



hat esou vill Succès, dass d'EU sech weltwäit zu engem Haaptexporteur vu Liewensmëttel entwéckelt huet.

Dës Succès huet awer e Präis. Mir sinn eis scho laang bewusst, dass dës Intensivéierung vun der Landwirtschaft eng Rei negativ Konsequenzen huet: ëmmer méi grouss industriell Landwirtschaftsbetriebe, Iwwernotzung vun natierleche Ressourcen an Emissiounen, déi d'Waasser, d'Loft an d'Klima belasteschen.

Dat ware bis elo d'Haaptargumenter, fir d'Weichen ze stelle fir eng méi nohalteg Landwirtschaft. Déi nei PAC spigelt dat erëm.

E weidert Argument fir eng Transitioun, dat vu ville manner staark wouergeholl gouf, zumindest virun der Pandemie, ass d'Ofhängegkeet vun der EU vum Import vu Produktiounsmëttel.

Déi extreem Produktivitéit baséiert um Import vu bëlleger Energie, kënschtlichem Dünger an ewäissräiche Fudderemëttel – also dräi Elementer, op déi Russland e staarken Impakt huet. Och wann eis Fudderemëttel net all aus Russland kommen, leiden natierlech och all aner Länner ënnert der Präisdeierecht vun Energie an Dünger.

Här President, insgesamt wäerten d'Liewensmëttel méi deier ginn an eenzel Narungsmëttel kënnen och weltwäit knapp ginn. Besonnesch dramatesch ass dat, wann et sech ëm Grondnarungsmëttel handelt wéi zum Beispill de Weess.

Honger ass nämlech och ëmmer e Krichsinstrument. Et besteet keen Zweifel dodrun, dass de Putin seng Dominanz um Marché vum Weess an deem Krich wäert asetzen, esou wéi en dat och beim Gas a Pétrol mécht.

Här President, d'EU ass en Exporteur vu Weess a ka sech selwer versueren. Besonnesch fir nordafrikanesch Länner ass dat awer net de Fall. An et wär net fir d'éischt, dass héich Weesspräisser eng ganz Region destabiliséieren.

Wann et eis dann och nach net geléngt, d'Spekulatioun op de Bourssen ze limitéieren, wäert de Krich an der Ukrain net deen eenzege virun eiser Hausdier bleiwen.

Här President, um politesche Plang stelle sech deemno fir d'EU e puer grondleeënd Froen.

Als éischt zur Präisdeierecht. D'Bauern hu keng Margen, fir déi héich Käschte bei de Produktiounsmëttel opzefänken. Ass d'EU bereet, d'Landwirtschaft erëm méi substanzieel ze subsidiéieren, nodeems de Budget iwwer Joren ëmmer méi gekierzt gouf? Dat wier eng solidaresch Léisung, wou weiderhi kéint garantéiert ginn, dass och Leit mat wéineg Akommes sech ernäre kéinten. Oder mussen d'Konsumenten déi Präisdeierecht droen?

Déi zweet Fro betrëfft d'Ausrichtung vun der Agrarpolitik: Besteet de politesche Wëllen, fir d'Transitioun hin zu enger Landwirtschaft, déi eis manner ofhängeg vun Importer mécht, ze beschleunegen? Oder gëtt dës Dynamik elo ausgebremst?

Dës Fro stellt sech an der Landwirtschaft ganz änlech wéi bei der Energie. Déi kuerzfristeg einfachst Léisung besteet doranner, mat alle Mëttel eng intensiv Produktioun ze féerden, fir Defiziter um Weltmarkt auszegläichen, mee ouni Rücksicht op Déierewuel, Ëmweltschied oder den Impakt op de Klimawandel.

Mee mir kënnen awer och e reellen Effort maachen, fir méi schnell onofhängeg ze ginn an d'EU esou manner erpressbar ze maachen.

Wat de militäreschen Effort ugeet, esou hunn déi europäesch Länner am Rekordtempo Strategie geännert a Budgete gehéicht. Eng historiesch Wend, déi ee sech virun e puer Wochen nach net hätt kënnen virstellen, ass innerhalv vun e puer Deeg decidéiert ginn.

Et stellt sech d'Fro, ob de politesche Courage an Energiefroen a wann et ëm d'Liewensmëttelversuerung geet gausou grouss ass. Fir d'Sécherheet an d'Iwwerliewe vu Milliounen Leit sinn dës Froen op alle Fall mindestens esou wichteg.

Den Här Minister wäert eis sécher gläich soen, wéi d'Diskussiounen dozou am Moment op EU-Niveau ausgesinn a wéi déi lëtzebuergesch Positioun hei ass.

An domat soen ech Iech scho Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Burton. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Chantal Gary (déi gréng)** | Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci der Madamm Hansen fir d'Ufro vun dëser Heur d'actualité mat esou engem pertinenten a wichtigen Aktualitéitssujet.

D'Ukrain ass d'Kornkammer vun Europa. D'Ukrain an och Russland si mat déi wichtegst Exporteure vu Weess, Mais, Raps a Sonnenblumen. Bëid Länner gehéiere weltwäit zu de fënnftegréissten Exporteure vu Weess. An duerch dem Putin säi Krich sinn d'Präisser duerch de Plaffong gaangen. Och beim kënschtlichen Dünger sinn d'Präisser explodéiert: Am Dezember 2021 ware se ëm 195 % méi héich wéi nach am Dezember 2020.

Dës huet natierlech weltwäit Konsequenzen. Mee och d'landwirtschaftlech Betriber bei eis leiden drënner a kréien dës Hausse ze spieren. D'Produktioun vu Weess ass ongläich an der Welt verdeelt a fënnt just a ganz wéineg Länner statt. Ongeféier 85 % vun der weltwäiter Produktioun stamen aus zéng Länner a Regiounen. A quasi all dës Länner a Regiounen leien op der Nordhalbkugel.

Gläichzäitig sinn immens vill Länner vum Import ofhängeg, fir d'Ernährung vun hirer Bevëlkerung ze garantéieren. Dat géllt virun allem fir nordafrikanesch Länner oder och de komplette südleche Mëttelmierraum.

Wéi mer et an der Vergaangenheet scho méi dacks matkritt hunn an elo nees ganz aktuell an hautno materliewen: Dës Nord-Süd-Diskrepanz huet als Konsequenz, dass Weess als Grondnarungsmëttel am Zentrum vu bedeiendende strategeschen a politeschen Iwwerleeungen a Schachzich steet an onschëlleg Mënschen drënner leide mussen.

Bei dëse Länner, déi esou eng héich Ofhängegkeet vum Import vun ukraineschem a russeschem Weess hunn, schwätze mer meeschtens vu Regiounen, déi souwiesu schonn op engem héijem Niveau och anere Krisen ausgesat sinn. Ech denken hei zum Beispill un extreem Drécheperioden, Iwwerschwemmungen oder soss Wiederextremer, déi eng konstant a resilient Landwirtschaft quasi onméiglech maachen.

Och de World Food Programme vun den UN warnt virun de Follge vum Krich. Elo scho bezuele se 30 % méi fir d'Liewensmëttel, déi si verdeelen, wéi nach 2019, wat mat sech bréngt, dass se d'Ratiounen, déi se un d'Mënsche ginn, déi Hunger leiden, reduzéiere mussen.

Mat Bléck op d'EU produzéiere mir genuch fir eis eege Versuerung. 20 % vum weltwäite Weess ginn nach ëmmer an der EU produzéiert. Ech denken hei virun allem un Däitschland a Frankräich. Wa mer dat allerdéngs op Lëtzebuerg erofbriechen, si mer guer net méi esou super opgestallt. An och mir sinn op en héijem Taux vun Import ugewisen. Während mer beim Fleesch an der Mëllech als Grénglandstanduert méi produzéiere wéi mer verbrauchen, sti mer beim Uebst, Geméis an eeben och bei de Käre relativ schlecht do.

Mir brauchen hei zu Lëtzebuerg eng vill méi resilient Landwirtschaft, déi och un déi tatsächlech Besoinen adaptéiert ass, dat heescht, eng vill méi diversifiéiert Landwirtschaft, wou de Fleesch- a Mëllechsektor net méi dat eenzeg Standbeen ass.

Da géif ech gären eng aner Pist aschloen. Weltwäit lande 47 % vu Kären a Weess am Fudder fir d'Déieren. An Däitschland sinn et souguer 60 % vun de Kären, déi un d'Vei verfiddert ginn. Eise Fleeschkonsum dréit also dozou bäi, dass enorm vill Kären, déi de Mënsch och direkt konsuméiere kéint oder wou d'Agrarfläch anescht genotzt kéint ginn, als Fudder an eis Fleeschproduktioun ginn. An dës Fleeschprodukte lande jo och net bei deene Mënschen, déi sech souwiesu a Kriseregionen befannen an Hunger leiden. Neen, dat bleift schéi bei eis um Teller.

D'Reduktioun vun der Fleeschproduktioun fir de Fleeschkonsum ass natierlech eng Measure, déi net just op lokalem respektiv op nationalem Niveau geschéie soll. Mee wann dës Measure sech an eise globaliséierten Ernährungssystem integréiert, da profitéiere mir alleguerten dovun.

Ech géif dës Sujet elo gären nach weider elaboréieren, mee dat sprengt leider de Kader an dëser Diskussioun.

Eis Erausforderunge sinn elo, op globalem Niveau derfir ze suergen, dass d'Mäert fir d'Kären opbleiwen, dass déi Produiten, déi do sinn, och fair verdeelt ginn an dat och zu erschwéngleche Präisser, eis Baueren an d'Mënschen aus dem Agrarsektor ze ënnerstëtzen, soudatt si och weider hirer Aarbecht nogoe kënnen an dass mer all Krise bekämpfe mussen, och déi vun der Klimakris, soss sinn d'Hongersnéit vu muer an iwwermuer och scho virprogramméiert. Dës hunn och d'Agrarministere vun de G7-Länner d'lescht Woch festgehalten.

Et ass immens bedenklech, dass elo scho Länner anoncéieren, hir Exporteure vu Weess aschränken ze wëllen. Serbie wëllt dat maachen, Bulgarien wëllt Exporteure vu Käre limitéieren, Ungarn wëllt d'Vente an d'Ausland limitéieren. A wann elo jiddweree just nach u sech denkt, da gëtt d'Kris just nach weider verschäerft.

Aktuell schwätze mer jo hei vun enger geopolitescher Kris, déi, wéi et schéngt, och quasi vu jiddwerengem eescht geholl gëtt a wou probéiert gëtt, esou effektiv wéi méiglech an esou séier wéi méiglech de Follge vun dëser Kris entgéintzewirken a Léisungen ze fannen.

Mee, wéi schonn erwänt, nieft dëser dramatescher Kris dierfe mer allerdéngs och déi aner Krisen, déi mer säit Jore probéieren ze bewältegen, op kee Fall vergiessen. Grad wa mer vun Ernährungssécherheet schwätzen, komme mer net derlaanscht, och d'Klimakris, d'Biodiversitéitskris, d'Waasserkris oder och d'Buedemkris ze erwänen an déi op kee Fall ze vernoléisegen.

Mir kënnen eis et hei net leeschten, all dës Krisen elo auszublenden oder ze ignoréieren, well déi Krisen haut scho fir Hongersnéit op der Welt suergen. Och wa munch Leit gären d'Aen oder d'Oueren do virunneer zouhalen, d'Klimakatastrophen an d'Aartestierwe si reell existéierend Problemer, déi mer léise mussen. Narungssécherheet a Ressourcenschutz sinn ofhängeg vuneneen.

VLäicht als Ofschluss: Elo ass net de Moment, wou mer Parteipolitik maache sollten. Et geet drëms, de Mënschen an der Ukrain zesummen eng Hëllefstellung ze bidden, de Welthonger ze verhënneren, ...

**Une voix** | Très bien!



**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | ... andeems mer probéieren, d'Ernährungssécherheet ze garantéieren an zesummen un engem Strang ze zéien.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Gary. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, fir unzefänken der Madamm Martine Hansen en härezeche Merci fir d'Ufroen vum dëser Aktualitéitsstonn.

De Krich an der Ukrain féiert eis leider virun Aen, wéi ofhängeg Lëtzebuerg an och Europa vum internationalen Entwécklungen ass.

D'Ukrain a Russland ware mat déi gréissten Exporteure vu Kären, awer och vu weidere Liewensmëttel, déi iwwerdeems och deelweis fir d'Produktioun vu Fuddermëttel gebraucht goufen an nach ginn. D'Ukrain war souguer weltwäit dee gréissten Exporteur vu Raps- a Sonneblummenueleg. Och dës Produite sinn onerlässlech fir d'Produktioun vum héichwäertegen, proteinräiche Fuddermëttel fir eis Baueren.

Déi aktuell Situatioun ass eescht. Et héiert ee vun alle Säiten, datt eventuell een eeschtzehuelende Risiko fir eng Liewensmëttelknappheet besteet. Et besteet och e Risiko, datt d'Liewensmëttel esou deier wäerte ginn, datt grad déi finanziell méi schwach Leit dës Situatioun net méi stäipe kéinten.

Dat Wichtigst ass elo, datt mer als Politik higinne an d'Ernährungssécherheet als éischt a gréisste Prioritéit betruechten. Et ass elo de Moment, fir eis Landwirtschaft maximal ertragaräich auserichten. Natierlech sti mer och weiderhi fir de fräie Choix, datt de Bauer säi Betrib biologesch féiere kann. Mee mer sollten an där momentaner Situatioun awer net higoen an op Däiwel komm eraus de Baueren e Modell opdrängen, vun deem mer wëssen, datt en net déi selwecht Ertrag liwwert wéi déi konventionell Landwirtschaft.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Elo gëtt dann och d'Fuerderung vun der ADR aktuell, déi mer schonn am Zesummenhang mat der Covidsituatioun propagéiert hunn: Lëtzebuerg muss, wat d'Liewensmëttelversuergung ugeet, méi autark ginn. An deem Kontext sief nach eemol un déi sëllege Motiounen erënnert, déi mer hei deposéiert hunn, fir datt sech am Dialog tëschent der Politik an der landwirtschaftleche Vertrieeder un een Dësch gesat gëtt, fir ze kucken, wéi sech Lëtzebuerg – awer och Europa – mussen mer hei abannen – an Zukunft méi onofhängeg vun internationalen Entwécklungen, Krisen a Spannungen am Hëllef op den Import vu Liewensmëttel oder Fuddermëttel mécht.

E konkrete Virschlag, wéi Lëtzebuerg elo scho fir méi Autarkie am Liewensmëttelberäich suerge kann, ass d'Iddi, datt mer fir d'Baueren elo direkt een Deel Dauergréngland als Akerbauland kéinte brauchbar maachen. Am Prinzip ass et jo esou, datt d'Gréngland no fënnel Joer, wann et esou laang stoung, net méi därer ëmgeplout ginn a fir aner Kulture verwennt därer ginn. Mer hoffen an deem Sënn elo op eng séier an onbürokratesch an onkomplizéiert Reaktioun vun der Regierung, fir datt d'Bauere souguer nach am Laf vun dësem Joer, wann dat hinne méiglech ass, zousätzlech Akerland hu fir d'Produktioun vu Liewensmëttel a Fuddermëttel.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Dëst soll allerdéngs net wëll geschéien. Dëst soll a Koordinatioun geschéien.

Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, déi Devise, lokal ze produzéieren an anzekafen, ass elo net nëmme am Kontext vum Ëmweltschutz an de kuerze Weeër vun de Liewensmëttel ze gesinn, mee an enger Situatioun, wéi mer se elo gesinn, erfëllt dës Devise virun allem ee prakteschen an och ee wirtschaftlechen Zweck a féiert eis nees virun Aen, wat den Haaptzweck vun eiser Landwirtschaft ass, an zwar den Ernärer vun der Natioun ze sinn an ze garantéieren, datt d'Ernährungssécherheet vun der Bevëlkerung mat héichwäertegen Liewensmëttel ka séchergestallt ginn.

Eis Produktiouns- an Ëmweltoplage si fir eis Bauere ganz héich zu Lëtzebuerg. Dat ass engersäits ganz gutt, well et d'Qualitéit vun der Wuer sécherstellt. Mir därefen awer allerdéngs bei den Oplagen net iwwert d'Zil erausschëssen. Dat géif mat sech bréngen, datt eis Bauere bei der Produktioun vu Liewensmëttel onnéideg géife gebremst ginn, an iwwerdeems géife mer eis dann och op där anerer Säit méi ofhängeg maache vum Import aus Drëttlänner, wou weesentlech manner kontrolléiert gëtt, ënner wéi engen Ëmstänn hei déi eenzel Liewensmëttel produzéiert ginn.

Als ADR plädéiere mer derfir, datt dës Situatioun kontinuéierlech muss evaluéiert ginn an am Bléck muss behale ginn. Et mussen och Reserve kënnen gebilt ginn – op europäeschem Niveau wuelverstanen –, fir noutfalls séier reagéieren an hëlfele ze kënnen.

Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, erlaabt mer, an deem Zesummenhang eng Motioun ze deponéieren, wou mer eis eenzel Iwwerleeungen, vun deene mir denken, datt se sënnavoll sinn, ophuelen.

#### Motion 1

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest,*

*– datt d'Ukrain a Russland mat déi gréissten Exporteure vu Produite sinn, déi och hei am Land fir d'Hierstelle vu Liewens- oder Fuddermëttel gebraucht ginn;*

*– datt de Krich an der Ukrain mam Risiko verbonnen ass, datt et an Europa zu enger Liewensmëttelknappheet komme kann;*

*– datt de Krich an der Ukrain mam Risiko verbonnen ass, datt d'Liewensmëttel fir den Endverbraucher massiv wäerten an d'Luucht goen, wat grad fir déi finanziell méi schwach Leit e seriöse Problem duerstellt;*

*– datt de Krich an der Ukrain eis – änlech wéi dat scho während der Covidpandemie de Fall war – virun Ae féiert, datt et wichteg ass, datt Lëtzebuerg verstärkt ustriewe soll, fir méi onofhängeg ze ginn, wat d'Versuergung mat Liewensmëttel ugeet;*

*– datt mir, bedéngt duerch de Krich an der Ukrain, de Lëtzeburger Baueren elo direkt sollen d'Méiglechkeet ginn, Gréngland als Akerland ze notzen, fir esou kënnen d'Quantitéit vun der heemescher Produktioun vu Fudder- a Liewensmëttel eropzesetzen,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– elo schonn e Plang ze erstellen, wéi d'Regierung am Fall vun enger Liewensmëttelknappheet an/oder enger massiver Deierecht vun de Liewensmëttel dës Problematik ka sozial a finanziell offiedere;*

*– elo schonn e Plang ze erstellen, wéi Lëtzebuerg sech mat den EU-Partnerlänner a mat Drëttstaate solidaresch weise kann, am Fall wou dës mat enger akuter Liewensmëttelknappheet konfrontéiert wären;*

*– déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen, fir d'Quantitéit vun der heemescher Produktioun vu Liewens- a Fuddermëttel eropzesetzen;*

*– déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen, fir Gréngland als Akerland brauchbar ze maachen, fir datt eis Bauere beschtefalls nach dëst Joer méi Terrainen zur Verfügung hunn, fir Fudder- an/oder Liewensmëttel unzebauen.*

(s.) Jeff Engelen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Engelen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, gëschter hu mir hei iwwert d'Energiesécherheet geschwat, haut schwätze mer iwwert d'Ernährungssécherheet. D'Parallelen zwëschen deenen zwou Debatte si frappant. Fir béid Beräicher stelle mir eng Ofhängegkeet vun Importer fest, déi benéidegt ginn, fir eis Produktiounsmaschinerie um Rullen ze halen. Et entsteet e Bewosstsinn fir eng Vulnerabilitéit, op déi da soll geäntwert gi mat méi Souveränitéit an Energie- an och an Ernährungsfroen.

Wéi dës Souveränitéit dann awer soll ausgesinn, op dës Fro entbrennt dann deelweis eng hefteg Debatte. Dat ass och verständlech, well hei d'Produktiouns- an d'Liewensweisen op d'Prouf gestallt ginn, well et ëm vill Suen an ënnerschiddlech ekonomesch Interesse geet.

Bei der Energie richen d'Vertrieeder vun der Atomlobby hir Chance, d'fossil Energieindustrie kritt verstärkt e Fouss an d'Dier, andeem a ville Staaten elo d'Infrastruktur fir Flësssegasimporter geplangt gëtt.

An der Landwirtschaft gëtt elo vun der Agroindustrie nom Ophiewe vu Mesuren an Ëmwelt- a Klimaschutz geruff. D'Strategie Farm to Fork vun der EU steet schonn ënner Beschoss. Et soll méi a méi rücksichtslos op Mënsch an Natur produzéiert ginn, mat verstärkter Notzung vu Pétrol fir Maschinnen a Gas, fir cheemeschen Dünger a Pestiziden hierstellen.

Déi kleng Fortschrëtt, déi an der europäescher Landwirtschaft erreicht gi sinn, sollen erëm zréckgedréit ginn. Et brennt, an d'Pétrols- an d'Agroindustrie wëllen d'Feier mat Bensinn a Gas läschen.

Et gëtt awer och aner Stëmmen, déi eis soen, datt dat, wat mir elo erliewen, d'Konsequenz ass vun enger produktivistescher Landwirtschaft an engem dereguléierte Weltmarché, an deem, wéi bei den Energien, d'Spekulatioun eng wichteg Roll spillt.

D'Profiteuren an dësem Kontext sinn d'multinational Entrepreneuren am Agrobusiness. D'Verléierer sinn déi vill Kleng- a Mëttelproduzenten, an un éischter Stell sinn d'Verléierer d'Populatiounen am globale Süden, déi nach vill méi staark getraff gi vu Präishaussen an der globaler Landwirtschaft wéi mir an Europa. Besonnesch d'Fraen, déi d'Feldarbecht verrichten, keng Länner besetzen, keng Kreditter an Handwerksmaterialie kréien an doduerch och eng manner produktiv Landwirtschaft kënnen bedriewen.

Dat ass och de Fall, well mir mat eiser Agrar- an Handelspolitik mat dozou bäigedroen hunn, d'Landwirtschaft am globale Süden, a besonnesch an Afrika, futti ze maachen. D'Präisser vun Agrarertrag a Basisnahrungsmëttel klamme scho säit Joren ongebremst. D'Food and Agriculture Organization, FAO, schléit dowéinst scho méi laang Alarm, mee kee lauschtert no. Eng vun dräi Persounen op der Äerd huet elo scho kee gesécheren Zougang méi zu gesondem Essen. D'Situatioun spëtzt sech vun Dag zu Dag zou.

An dat ka fir déi Lénk nëmme heeschen, dass de produktivistesche Modell vun der Landwirtschaft an Europa an och hei zu Lëtzebuerg dréngend a Fro gestallt muss ginn.

Haut gëtt sech elo Suerge gemaach, dass duerch de Krich an der Ukrain an d'Sanktiounen géint Russland d'Präisser vum Weess, vum Mais an och vun de Sonneblummekäre klammen. Russland an d'Ukrain



gehéieren hei nämlech zu deene gréisste Produzenten op der Äerd an exportéieren e groussen Deel vun dëser Produktioun an Europa.

Eis Ofhängegkeet vun dësen Importer entsteet duerch eise landwirtschaftleche Modell. Europa importéiert zwee Drëttel vu sengem Bedarf un dësen Ertrag, fir d'intensiv Mëllech- a Fleeschproduktioun um Lafen ze halen, déi duerno dann zu groussen Deeler erëm exportéiert gëtt. Et ass dës Spezialisatioun an dës Produktiounsweis, lassgeléist vun den natierleche Ressourcen, déi mir hei hunn, déi eis esou ofhängeg mécht vun dësen Importer a vun dëse Präisschwankungen, déi direkt op d'Produzenten an d'Konsumenten duerschloen.

Mir müssen also fort vun dëser Landwirtschaft. Mir müssen manner op Fleesch- a Mëllechproduktioun setzen a Kultur- an Elevagesystemer stärken, déi manner ofhängeg si vu fossilen Energien a synthetesch Hëllefsmëttel wéi cheemesch Düngemëttel a Pestiziden.

Mir sinn awer och der Meenung, dass de landwirtschaftleche Betriber muss onbedéngt gehollef ginn, elo direkt an dëser Phas, well si sech déi Zopp, déi si elo ausläffe mussen, net agebrocht hunn. Mir mengen, dass déi mannst Bauerbetriber iwwerzeegt si vun deem landwirtschaftleche System, an deem si haut schaffen an iwwerliewe müssen. Mee mir mengen awer och, dass dës Hëlfelefen u Konditiounen geknapp mussen ginn. Hëlfelefen un d'Betriber, déi elo staark betraff sinn duerch d'Präishaussen, müssen an eisen Aen un Oplage gekoppelt ginn, déi eng Extensivierung vun der Produktioun erfuerderen, fir esou an Zukunft méi autonom ze sinn.

Op internationalem Niveau muss am Kader vum Welt-ernährungsausschuss vun der UNO eng Reglementatioun vun de Präisser en place gesat ginn. Et ass wichteg, dass d'UNO déi Saach an d'Hand hält an datt dat net op G7- oder G20-Treffen ofgehandelt gëtt, wou just déi déck Produzentestaaten als Vertrieeder vum internationalen Agrobusiness setzen, déi eng grouss Matschold un Ernärungskrisen droen.

De globale Süde muss hei Gehéier fannen. D'Ernährungssécherheet ass an éischter Linn keng Fro vun der Produktioun, mee vun der Verdeelung. Produzéiert gëtt méi wéi genuch, besonnesch wann ee bedenkt, datt laut der UNO een Drëttel vun de Liewensmëttel gaspilléiert gëtt. Mir warnen also virdrun, elo Umwelt-schutzkrittären auszesetzen an och de Farm to Fork a Fro ze stellen. Et muss zu fundamentalen Ännerungen kommen an net nëmme Gepléischters.

Merci fir d'Nolauschtenen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Och dës Heur d'actualité geet op d'Invasioun an der Ukrain zrëck. An ech erspueren Iech elo nach eng Kéier alleguerten déi selwecht Prozentzuelen, déi ech erausgesicht hat, wéi schonn d'Virriedner. Wat mer awer ganz wichteg ass, ass déi Tatsaach, dass d'Experte sech alleguerten eens sinn, dass grad d'Ukrain wäert an eng Hongersnout geroden. An do schwätze mer net vun enger Reduktioun oder iergendeppes, mee do gëtt et einfach näischt méi ze bässen. Dat ass ee vun de wichtige Punkten, dee mer net dierfen an der ganzer Diskussioun vergiessen.

Jo, och hei am Land wäerten d'Präisser fir déi eenzel Narungsmëttelen an d'Luucht goen. An ech misst léien, wann ech Iech elo géif soen, ech hätt do iergendeng Wonnerléisung. Also mir als Piraten sinn och do ganz éierlech. Et ass een zimmlech limitéiert als Politiker,

fir dorobber kënnen anzewierken, fir dass déi Präisser net wäerten duerch d'Decke goen. Sécherlech hu mer zu Lëtzebuerg – an dat ass e grouse Virdeel – Instrumenter wéi den Index, mat deem mer de Leit, wann déi Präisser an d'Luucht ginn, kënnen bästoen, wann och réckwierkend. An dofir soe mir och ganz kloer, dass esou Instrumenter wéi den Index och kënnen zweemol d'Joer, a wann et muss sinn dräimol d'Joer, ausbezuelt ginn an net, wéi eenzel Stëmmen dat wëllen, op eemol am Joer oder all zwee Joer limitéiert solle ginn.

Et ass awer och esou, dass mir Piraten der Meenung sinn, dass an der Europäescher Unioun nach vill ze vill ewechgeheit gëtt. Mir schwätzen haut e bëssen esou, wéi wann eis Rayonen eidel wäeren. Also wéi ech d'leschte Kéier an de Supermarché war, huet een, ausser bei de Präisser, déi lichter an d'Luucht gaange sinn, näischt gemierkt. Am Contraire: D'Rayone ware méi wéi voll. An ech mengen, dat ass eigentlech e Luxus, dee mir an der Europäescher Unioun hunn, deen een net iwwerall op der Welt fënnt. An et ass zwar elo schonn e bëssen hier, et war virun der Pandemie, wéi ech ënnerwee war a Länner, wou de Rayon eigentlech eidel ass, wou d'Leit net wëssen, wat se owes kënnen fir ze iesse maachen, wou näischt do ass. An ech mengen net, dass mir hei – mat aller Kritik, déi ee kann ubréngen – elo an Europa op déi Situatioun wäerten zousteieren.

Ech mengen, mir kënnen zu Recht Verschiddenes kritiséieren als Politiker, mee d'Europäesch Unioun wäert et packen, dass mer awer owes nach eppes a mëttes eppes um Teller hunn, an och nach eppes Waarmes. Dat dierf een, trotz aller Kritik ... An ech verstinn och déi verschidden eenzel Mouvementer, fir dann e bëssen Angst ze maachen. Mee et ass net dat. Eis Europäesch Unioun, an ech mengen och Lëtzebuerg, wann ee kuckt, eis Bauere sinn awer do zimmlech gutt opgestallt. Sécherlech, et dierf een net vergiessen, hinnen déi eenzel Hëlfelefen ze ginn, och d'Energiepräisser an alles lafe bei hinne fort, mee bon, do kann d'Regierung herno och just eng Korrektioun maachen, well och d'Regierung do net déi eenzel Energiepräisser weltwäit wäert festleeën. Dat heescht, dat Eenzegt, wat d'Regierung ... – de Minister wäert dat herno sécherlech soen –, si wäerten de Baueren hëlfelefen, wann déi Präishaussé kommen, fir d'Produktioun selwer, fir den Dünger an déi eenzel elementar Saachen, mee Lëtzebuerg ass net am Stand, selwer elo déi ganz Dünger an alles hierzustellen, fir de Baueren direkt ze hëlfelefen.

Mir Piraten sinn och net der Meenung, dass een elo d'Klimakris soll vergiessen an einfach do alles iwwer Bord gehéien, wat ee wëlle hat. Am Contraire: Dës Kris an der Alimentatioun, déi wäert eigentlech weisen, dass ee schonn hätt misse virdru vill méi op Bio setzen, vill méi op lokal Produkter, fir dass ee vill méi onofhängeg wier vun deenen anere Länner. A mir hunn eeben zu Lëtzebuerg d'Chance, dass mer eis och duerch d'Meteor an duerch den Knowhow vun eise Baueren zimmlech gutt zumindest mat den déieresche Produkter versuerge kënnen.

An, bon, ech sinn do och ganz éierlech: Den Apel oder d'Ärdbier oder wat och alles muss een net d'ganz Joer hunn. Ech weess, an der Tëschenzäit ginn d'Kanner ewell gewinnt, dass een zu all Zäit, zu all Moment alles a senge Rayonen huet. Ech sinn do kee Fan dervun. Meng Bom seet nach ëmmer ..., si keeft och am Cactus – an engem Supermarché – just dat, wat se fréier grad ëmmer am Gaart hat. An ech hu mer déi Philosophie och ugëeegent, well kuckt een eng Kéier, vu wou déi Produkter herno müssen hierkommen, ass dat och net méi esou gesond.

Deemetspriechend: Mir Piraten gesinn et problematesch, dass d'Präisser an d'Luucht wäerte goen. Mir hunn awer zu Lëtzebuerg e stabilt Instrument mam

Index, fir dat e bëssen ofzefiedere. Mir gesinn awer net, dass am Moment iergendwellech grouss Enkpäss do wieren. Et kënnen vläicht herno ... Wat ass et am Moment? E gewëssenen Ueleg, deen an de Supermarchéen op eemol ausverkaf ass, wou kee Mënsch weess, firwat, well eigentlech sinn et Hamsterkeef. Et kënn es nach no, mee d'Press huet op eemol geschriwwen, den Ueleg wär ausverkaf. Mir sinn awer net der Meenung, dass ee muer am grouse Stil hei zu Lëtzebuerg – wat jo haut d'Theema ass – an an der Europäescher Unioun wäert virun eidele Rayone stoen, mee dass mer awer gutt opgestallt sinn, fir eis weiderhin ze versuerge.

Merci.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen.

### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural** | Merci, Här President. Merci och un d'Martine Hansen fir dës Heur d'actualité. Ech wëilt och domat ufänken, denken ech, mä Matgefill auszedecken un d'Leit an der Ukrain an deem fuerchtbare Krich, dee se do opgezong kréien an deen, wéi mer gesinn, och elo ganz Europa wäert betreffen.

De Krich an der Ukrain huet op vill Beräicher agewierkt, och op de landwirtschaftleche Secteur an natierlech och op d'Liewensmëttel. Dat ass scho gesot ginn. Ech ginn och elo net weider an op déi ganz Produktioun vun de Kären an dann d'Kornkammer Ukrain. Ech mengen, dat hunn d'Virriedner alleguerte gesot.

Feststelle kann ee just, datt all Perturbatioun an der Ukrain op deem Marché natierlech och Konsequenzen op de Weltmarkt wäert hunn an domadder natierlech och op d'Verfügbareket vun de Matières premières.

Russland ass, an dat mécht eis actuellement am meeschten Suergen, och ee ganz grouse Producteur vun Düngemëttel. 30 % vum Düngemëttel, dat an d'EU importéiert gëtt, kënn aus Russland. Ech mengen, Madamm Hansen, Dir hat dat scho gesot.

Derbäi kommen natierlech och nach d'Sanktiounen géint Russland, wat natierlech – ech mengen, den Här Graas hat et ugedeit – mam Embargo op de verschiddenen Häfen, fir do erauszefueren, zesammenhängt. An natierlech, an engem Krichsgebit wéi der Ukrain kann ee vu Produktion guer net méi schwätzen an do weess een och net, wéi et d'nächst Joer weidergeet.

Virum Krich an der Ukrain waren d'Präisser fir Energie, Dünger an och Fudderméttel awer och schonn op engem Rekordniveau. Et ass also näischt Neies. A wat mer hei hunn, natierlech huet d'Ukrainkris dëst nach eng Kéier renforcéiert, dat ass kloer. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg déi Präishaussen a Knappheet bei de synthetesch Düngemëttel – do kommen ech op dat, wat ech gesot hu vis-à-vis vu Russland –, haaptäschlech Stéckstoffdünger. An de Präisindex fir Düngemëttel ass 2021 ëm 65 % an d'Luucht gaang. Et ass och dat, wat erkläert ginn ass, datt de Secteur, d'Baueren normalerweis net zu deene Präisser kaaft hunn. Wann d'Baueren net kafen, da gëtt et keng Commanden dee Moment, well d'Präisser extrem waren. Well se gefaart hunn, et géif erëm erofgoen, da géife se deier bezuelen, hunn natierlech d'Liwweranten och net bestallt, well se keng Commanden haten an ergo gëtt dann natierlech och net produzéiert. Wat natierlech dann zu engem ganz grouse Problem féiert, soudatt d'Stocken en plus, bei der Situatioun déi mer elo hunn, och nach eidel sinn. An ech hu gesot, do kommen natierlech och déi ekonomesch Sanktiounen géint Russland nach derbäi.



Et sief dohigestallt, ob de Wirtschaftsdünger eng Kéier de synthetischen Dünger ka kuerzfristeg ersetzen, mee och dat muss sech nach beweisen.

D'Präishaussé vum Energiesector sinn hei ugeschwat ginn. Natierlech, an dat hunn ech a mannegfaltegen Entrevuë gesot, sinn déi landwirtschaftlech Betriber och Betriber hei zu Lëtzebuerg a falen natierlech ënner alleguerten déi Hëllef, déi d'Betriber kréien. Do wäert d'Landwirtschaft au contraire net ausgeklamert ginn, mee och an de Genoss vun deenen Hëllef kommen – iwwregens, wéi se dat och am Kader vun der Covid-19-Legislatur kruten.

Wat d'Fuddermëttel ugeet, do sinn d'Präisser net esou staark geklomm. Se sinn awer geklomm, hunn a verschiddene Secteuren natierlech Probleemer mat sech bruecht an dofir hu mer och eng Etüd am SER gemaach, wat fir eng Secteuren am meeschte vun der Kris, en général, betraff sinn. An do muss een natierlech och analyséieren, wéi d'Méiglechkeet ass, fir op Drëttsstaaten zrëckzegräifen, fir Fuddermëttel-Importer ze kréien. Déi hate mer och virduen aus verschiddene Länner. Dat Schlëmmst, wat am Fong ka geschéien, dat ass, datt de But vun enger PAC elo net méi respektéiert gëtt, datt heescht, fir eng Sécurité alimentaire weider ze garantéieren. An ech mengen, d'Madamm Gary huet et ugeschwat: Et ass momentan net de Rôle vun iergendengem Land an der EU, fir d'Grenzen zouzemaachen an dat eeben ofzewiergen, fir – ech wëll mol einfach soen – déi eegen Interëten ze kucken, wat dat ubelaangt.

Dofir wäerte mir als Lëtzebuerg och eng Propos vun Éisträich ënnerstëtzen, déi d'Initiativ vun Eiweißpflanzen an der EU soll férdere. Dofir muss mer natierlech och déi néideg Biedem hunn. Mir hunn dat mat ënnerstëtzt, actuellement an och temporairement, fir op dee Wee ze goen.

D'Europäesch Kommissioun, mat där mer a Kontakt sinn, huet eng Rei méiglech – ech betounen: méiglech – Mesuren ausgeschafft. Deen nächste Agrarconseil ass nächste Méindeg, wou doríwwer wäert geschwat ginn. Do sinn éischters eng ganz Rei vu Mesuren, déi de Marché betreffen. Do gëtt et déi Artikelen 219 bis 222 vun der Kommissioun fir ze kucken, wa Perturbatiounen sinn, déi direkt en Effet néfaste op d'Mäert hunn, ob déi kënne gezu ginn. Déi si fir d'lescht gezu ginn a puncto Lëtzebuerg an och proposéiert gi vun der Kommissioun am Kader vun der Mëllechkris 2016. Och dat ass schonn an informelle Gespréicher um Niveau vun der Kommissioun ugedeit ginn.

De Stockage privé am Schwéngssektor ass ugeschwat ginn. Do war gëschter och eng Reunioun mam Schwéngssektor en tant que tel. Ech sinn awer och frou, datt wëll ech awer och eng Kéier betounen, elo ze gesinn, datt de Präis – ech hunn dat de Moien elo nach eng Kéier nogekuckt – vum Kilo Schwäin op 1,70 Euro de Kilo geklomm ass, soudatt mer net méi an der Situatioun si vun 1,2, 1,3.

Ech wëll betounen, datt de Ministère do schonn eng éischt Relance gemaach huet, eng zweet Relance gemaach huet an datt mer natierlech gëschter eng Entrevue hate fir punctuel ze kucken: Wéi kënne mer déi Hëllef iwwer Aides d'état – betounen ech – dann orientéieren? Dat war eng ganz gutt Reunioun.

Nächsten Dënschdeg ass eng Reunioun, déi ech am Fong „de Kärendesch“ nennen, och mat de Fuddermëttel-Liwweranten, wou mer dat selwecht wäerten ugoe fir déi Problematik. Do ass d'Problematik haapt-sächlech den Energiesector an d'Versuergung, déi ugeschwat ginn, fir dat och mat de Leit vum Sektour ze diskutéieren.

D'Méiglechkeet, op Stilllegungsfläche vum Greening ganz einfach Ierbessen oder Bounen unzeplanzen oder d'Fläche fir d'Beweedung ze notzen, ass eng Pist,

déi ugeschwat ginn ass. An dann een neie selbstständige Cadre temporaire fir d'Krisen, wou och d'Aides d'état kéinten derbäi kommen, datt heescht supplémentaire zu deenen, déi do sinn.

Bon, wat wichteg ass, denken ech, ass, datt, opgrond vun der aktueller Situatioun – an dat ass vu verschiddene Virriedner ugeschwat ginn –, d'Sécurité alimentaire hei op jidde Fall muss am Vierdergrond stoen. An dat, denken ech, wäert och am Kader vun der Kommissioun vu Bréissel gekuckt ginn, ob déi zoustänneg PSNen, also d'Plan-stratégiquen, déi ausgeschafft gi si vun deene verschiddene Länner am Kader vum PAC, och gekuckt ginn.

Et gëtt Länner, menges Wëssens, déi se nach net alleguerten eraginn hunn. Ech hoffen elo net, datt d'Kommissioun esou laang waart, bis mer dat alles hunn, well hei ass wierklech Urgence ugesot. A wann do Diskussiounen kommen, da wäerten dat hoffentlech och temporaire Mesurë sinn, déi sech wäerten an der Zäit begrenzen. Dat ass am Fong déi Relatioun, déi déi eng kritiséiert hunn, anerer gutt fannen. Ech muss Iech soen, ech perséinlech fanne se gutt, datt heescht, déi Relatioun tëschent Économie, Ékologie a Sozialem. Mir dierfen och net vergiessen, datt eis Betriber, Mëttelstandsbetriber vum Sektour trotzdeem och nach mussen dovun liewen.

Wat d'Nahrungsmëttel ugeet, sinn d'Präisser zanter dem Ufank vum Joer ëm 3,4 % geklomm, an zwar haapt-sächlech wéinst der Hausse vun den Energiepräisser. Den Här Goergen huet et ugeschwat: Mir hunn en Instrument do wéi den Index, deen d'Kafkraaft soll kompenséieren. Dat wäerte mer och weider maachen, mee d'Liewensmëttelpräisser en tant que tel gesi mer eréischt, wann de Mount Mäerz eríwwer ass oder den Abrëll do ass, well dann hu mer den Impakt vun der Kris, also vum Krich op d'Liewensmëttelpräisser. Dee wäerte mer da constatéieren. An ech kann Iech versécheren, datt och do d'Liewensmëttelausgaben – déi, ech mengen, 2020, wann ech dem Statec seng Zuele richteg am Kapp hunn, ronn 11 % ausgemaach hunn – natierlech och en considération wäerte gezu ginn.

Wat den Taux d'approvisionnement vu Kären ubelaangt, et ass ugeschwat ginn, do hu mer momentan déi mannste Suergen. Et sinn der natierlech do, mee mir mussen natierlech och do kucken, wat déi nächst Recolte wäert bréngen a wéi mer dat do plangen.

Da kommen ech nach eng Kéier drop zrëck – an dat ass och vu Virriedner ugeschwat ginn –, wat momentan, denken ech, der Kommissioun, Europa an och eis alleguerten am meeschte Suege mécht, dat ass, datt déi Matière-première net méi an déi, ech nennen dat elo mol „Pays tiers“, nordafrikanesch Länner – Madamm Cecchetti, Dir hat et ugeschwat – kommen. Dat bréngt natierlech éischters emol eng Präishausse an deene Länner mat sech. Mee, wéi mer dat alleguerte wëssen, wäert dat net nëmmen eng Präishausse mat sech bréngen, mee dat wäerte Perturbation-politique ginn, déi dann natierlech de Marché erëm eng Kéier unheizen, ouni d'Leed vun de Leit, déi do betraff sinn, ze vergiessen.

Fir op d'Froen anzegoen, maachen ech och nach ganz séier, wa mer nach e bëssen Zäit bleift. Déi bleift mer nach, ech mengen, ech hu 15 Minuten. D'Sécurité alimentaire vun der Madamm Hansen: Dorobber sinn ech agaang, datt déi virrangeg ass. Dir hutt den Dossier „Farm to Fork“ ugeschwat. Deen ass schonn an den Diskussiounen, notamment am Kader vum PSN, mat deene 4 % ugeschwat ginn um Niveau vun der Kommissioun. Ech denken, datt mer do e Méindeg um Niveau vun der Kommissioun méi gewuer ginn. Haapt-sächlech wäert dat, wann dat kënnt, temporär sinn. Dat entsprécht Ärer Fro vun de Broochflächen.

D'Energiekäschtchen hunn ech ugeschwat. Do ass d'Toolbox komm vun der Kommissioun, fir de Betriber am grouse Ganzen an der EU ze hëllefen. Do si Mesuren dran. Dat ass amgaang, analyséiert ze ginn. Dat ass, mengen ech, datéiert op den 8. oder 9. Mäerz. Do gehéieren d'landwirtschaftlech Betriber och derzou.

D'Direkthëllef fir de Schwéngssektor hutt Der ugeschwat. Am Schwéngssektor sinn d'Energiepräisser an d'Fuddermëttel den Haaptproblem. De Präis vum Schwäin ass actuellement, hunn ech betount, op 1,7 Euro de Kilo an d'Luucht gaang, ass also momentan – momentan! – net exzellent, mee en ass awer besser wéi virun e puer Wochen.

Nullkreditte bei den Emprunten an d'Année-blanchen, dat ass deelweis scho gemaach gi beim Moratoire vun der Covid-19-Legislatioun. Déi ass am Kader vun der Kommissioun intern fir d'Agriculture och verlängert gi bis de Juni, also bis, kommt, mer soe bis d'grouss Vakanz vun dësem Joer. An ech hunn an all menge Riede betount, datt een déi Mesurë soll weider verlängeren.

Et ass natierlech schwéier, Mesurë weider ze verlängeren, wa mer – hoffentlech! – kee Covid méi hunn, an deem doten Domän. Dat ass e bëssen tricky. Mee de Message ass op jidde Fall an der Kommissioun ukomm.

Dann d'Liewensmëttelexplosioun – do sinn ech kuerz drop agaang –, vum Index.

Beim Här Graas: Farm to Fork. Ech denken, ech hätt op déi Fro geäntwert, mat der temporärer Mesure.

Der Madamm Gary, fir d'Länner, déi géifen zoumaachen: Menges Wëssens ass momentan ee Land an der Iwwerleeungen, fir dat ze maachen. Ech hoffen net, datt dat geschitt. Well dat wier contraire zu deem, wat vun der PAC am Fong zougelooss ass. D'PAC feiert dëst Joer 60 Joer. An dat wier wierklech dat falscht Zeechen.

Dem Här Engelen: datt Lëtzebuerg géif autark ginn.

(Interruption)

Ech muss Iech soen: Dat ënnerschreiw ech direkt, wann Der mir sot, wéi mir et solle maachen. A wann ech déi Iddi da klauen, da kréien ech den Nobel Peace Prize an der Économie. An da kënne mer dat ganz gär maachen.

(Hilarité)

Ech wëll dem Här Bauler do net virgräifen, well hie wier direkt hannendrun.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Keng kleng Ambitiounen vun engem Minister.

(Hilarité)

**M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Wat d'Gréngland ubelaangt: Jo, ech verstinn Är Iwwerleeung. Mir mussen awer oppasse beim Gréngland, och wann dat herno traitéiert gëtt, wann dat erëm eng Kéier fir aner Produktiounen geholl gëtt, da geet dat am Fong op d'Käschte vum Proteingehalt fir d'Fudder vun den Déieren. Dat spillt jo och mat. Dat muss mer och hunn. A mir kreiieren do en zousätzleche Problem mam Carbon Farming. An dat ass eeben dat Zesummespill tëschent Ékologie, Économie a Sozialem. An ech denken, dat misst och do zielen.

Zum Schluss wëll ech nach betounen, datt ech am Fong der Landwirtschaft wëll Merci soe fir dee resiliente Charakter, dee se huet. Et ass ee Sektour, deen eng immens wäertvoll Aufgab net nëmme fir d'Lëtzebuerg Land mécht, mee och fir Europa. Mir sinn op deem Wee a mir waren ëmmer op deem Wee – an d'PAC ass dat beschte Beispill –, fir ze soen: Déi Sécurité alimentaire war garantéiert.



Esou nefaste Imprevuë wéi e Krich, dat huet keen um Radar. A mir wëssen och net, wat dat nach weider fir Konsequenze wäert hunn. Ech hoffen, datt de Krich – a mir hoffen dat alleguerten – séier eriwwer ass. Mee nach wäerten dann déi Konsequenze vun deem Krich net eriwwer sinn – och fir d'Landwirtschaft. An et ass dat, wat mer mat engem Schwéngsdësch, mat engem Kärendësch, puncto herno Ammoniakdësch, puncto Liewensmittelsécherheet, wäerte preparéieren. An do wäerten an deenen nächsten dräi, véier Wochen Decisiounen kommen, compte tenu. An ech hoffen, datt d'Kommissioun och den nächste Méindeg do Propositione mat op den Dësch leet. An da kënne mer alleguerten op dee Wee goen. Ech stinn och ëmmer bereet, fir déi um Niveau vun der Agrarkommissioun hei an der Chamber ze diskutéieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen. Da Parole après ministre fir d'Madamm Martine Hansen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo. Villmools merci och fir d'Explikatiounen. Ech hu just nach zwou Froen.

Also, den Här Minister huet gesot, et géif elo warscheinlech d'nächst Woch driwwer diskutéiert ginn, déi 4 % Verflüchtigungsflächen, Ställeung, ob déi gemaach gëtt oder net gemaach gëtt. Ech wëll einfach d'Positioun vun der Regierung hei hunn. Mir hu jo gesot: Mir fuerderen, datt se soll zäitbefristegt ausgesat ginn. Wat ass do d'Positioun vun der Regierung?

An eng zweet Fro ...

**M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Kann ech direkt drop äntworten?

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo.

**M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Bon, um Niveau vum Greening geet et ...

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Pardon.

**M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Pardon.

Um Niveau vum Greening geet et actuellement, well de PSN ass nach net en vigueur an dat neit Agrargesetz ass och nach net en vigueur.

Wann also um Niveau vum PAC decidéiert gëtt, fir am Kader vun deene PSMen, déi jo gekuckt gi fir all Land, wou de Minimum, dee jiddweree muss hunn, 4 %, ass, wann do temporaire eng Opweichung kéim, da géif Lëtzebuerg sech deem natierlech uschleissen, well den Impakt net esou grouss ass. Dat ass am Fong dee selwechte Mechanismus, dee mer hate beim Traité de Maastricht, bei de Mesuren, déi dat maachen. Déi sinn och temporaire ausser Kraaft gesat ginn, mengen ech, elo déi lescht zwee Joer.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Meng Fro war u sech éischter: Freet Lëtzebuerg dat proaktiv? Dat war u sech éischter d'Fro. Net ob et et ëmsetzt, wann et decidéiert gëtt.

Déi aner Fro ...

**M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Also, ech schwätzen elo net aus ... Dat sinn informell Reuniounen, déi mer haten. Do kënnt jo dann d'Proposition. An ech hu jo gesot beim Protein, zum Beispill, hu mer eng Initiativ vun Eisträich matënnerschrivven. Däitschland ass zum Beispill op de Wee gaangen direkt beim Greening.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Eng zweet Fro ass eeben d'Steierbefreiung vun den Agrarëmweltprimen, ...

**M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Jo.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | ... well mer jo wëssen, datt et awer wichteg ass, datt mer d'Ëmwelt net vergiessen, ass: Geet d'Regierung do mat op de Wee?

Merci.

**M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Ob mer mat op de Wee ginn – mir hunn et op jidde Fall undisputéiert. Dir musst mer awer Zäit ginn. Dat war gëschter Mëtten. Dat doten ass eppes, wou mer d'Gesetzgebung iwwert d'Finanze mussen änneren. Dat wäerte mer analyséieren. A wann et e Sënn gëtt, wäerte mer dat och maachen.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen fir déi Prezisiounen.

**Motion 1**

Mir kënnen dese Punkt net ofschleissen, ouni nach zur Motioun ze kommen, déi vum Här Jeff Engelen deposéiert ginn ass. Wie wëllt nach d'Wuert zu deser Motioun ergräifen? D'Madamm Tess Burton.

**Mme Tess Burton** (LSAP) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Bon, ech mengen, dass de Minister elo grad op ganz vill Saachen hei agaangen ass, déi déi Motioun hei betreffen. Zum engen, déi Präsideirecht: Ech mengen, déi diskutéiere mer jo net nëmmen a Saache Liewensmittel, mee och a Saachen Energie. Do si jo schonn eng Rei Moossname geholl ginn. Gradesou wéi, dass en ugeschwat huet, wat op EU-Niveau soll geschéien, dass dee Conseil jo e Méindeg stattfënn. Ech hunn den Ordre du jour nach net erausgeschéckt, mee de 24. wäerte mer eng Kommissiounssëtzung hunn, wou mer dat och um Ordre du jour hunn a wou de Minister eis dann do déi neisten Informatiounen wäert matdeelen. Gradesou wéi, dass e jo och drop agaangen ass, d'Gréngland als Akerland brauchbar ze maachen, dass, wann dat op EU-Niveau decidéiert gëtt, een da kuckt, wéi dat hei zu Lëtzebuerg kann ëmgesat ginn.

Dofir géif ech proposéieren, dass déi Motioun hei net néideg ass an dass mer déi géifen ofleenen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Burton. Dann huet d'Madamm Martine Hansen d'Wuert gefrot.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo. Merci, Här President. Ech kann elo net domat averstane sinn, datt d'Motioun net néideg wier. Well ech denke schonn, datt se néideg ass, datt mer d'Regierung konkret op fuerderen, fir dem Secteur hei ze hëllefen.

Mer hu just ee Problem, an dat ass zweemol dee leschten Tret: Dat ass wierklech, fir d'Gréngland ëmzeplichen an Akerland. Also, mer wëssen alleguer, datt Gréngland ... Éischtens hu mer absolutt Gréngland, do kann ee plichen, do komme Steng erop. Do mécht ee keen Akerland, well soss reeft een dauernd Steng op. Oder den Hiwwel ass ze grouss an dofir ass och Gréngland do. Also, an et ass fir d'Ëmwelt extreem wichteg, datt mer dat Gréngland loossen an et net ëmplichen, well soss setze mer erëm eng Kéier Nährstoff fräi.

Awer: Ech fannen, datt een d'Gréngland muss anstänneg soll kënnen notzen! Well do weess ech och, datt wann een et muss stoe loossen, bis datt et herno Stréi ass, da gëtt keng Kou méi sat dovunner. Dat heescht, wann ee géif do emol anstänneg schaffen, fir datt mer et kéinten optimal notzen, dann hätte mer och indirekt Akerfläch agespuert. Dat heescht, mir hu mat

deem leschten Tret do jeeweils ee Problem. An dofir wäerte mer eis enthalten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. Dann huet d'Madamm Myriam Cecchetti d'Wuert gefrot.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo. Bei eis geet et an déi nammlecht Richtung. Mir hunn och mam leschten Tret e Problem, well Gréngland a Broochland sinn immens wichteg fir d'Biodiversitéit an de Buedemschutz, fir datt dee fruchtbar ass. Ech mengen, een, deen e Gaart mécht, dee weess ganz genau, datt et eng Fruchtfolleg gëtt, datt ee mat Starkzehrer, Mëttelzehrer, Schwachzehrer ufänkt an datt een et da muss broochleie loossen, fir datt de Buedem sech kann erhuelen.

A wa mir alles bis zum Schluss ëmmer wëllen ausnotzen, dat gëtt näischt. Dorunner musse mer léieren, datt een hei net den Ëmweltschutz ka vergiesse fir elo eppes aneschtens. Dat ass net an der Rei. Voilà.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Da ginn ech d'Wuert weider un den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (déi Lénk) | Merci, Här President. Also, mir wäerten och dergéinstëmme. Elo net onbedéngt, wéi vun der LSAP-Vertriederin erkläert, well et eigentlech iwwerflësseg ass, well esou Saache kommen, mee mir sinn eigentlech dergéint, well mer eis Klimaziler wëllen anhalen a soen: Mir ginn elo net déi Fläche sichen. Bei eis ass et ganz kloer.

Mir hoffen och net, dass dat elo vun der Regierung wäert kommen, dass iergendwéi do d'Klimaziler e bëssen iwwer Bord gehäit ginn. Dofir stëmme mir dergéint, well mer wëllen, dass déi Klimaziler weiderhin agehale ginn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci och den Orateure fir hir Stellungnamen. Ech mengen, wa mir schreiwen „zusätzlecht Gréngland“, dat ass elo net d'komplett Gréngland. Dat ass nëmmen op vereenzelte Plazen ze kucken: Do, wou et Sënn mécht – ech hat dat jo och gesot –, an och a Koordinatioun mat all deenen aneren. Dat kann elo net wëll geschéien. Ech mengen, dat soll scho koordinéiert geschéien. Bei eenzelnem Gréngland, do mécht et Sënn, an op anere Plaze ganz sécher net. An ech mengen, et soll een dat elo net iwwerdreien. Et soll een am Rame bleiwe vun deene Mesuren, déi mir hei gefrot hunn.

Ech géif dann deene Merci soen, déi se ënnerstëtzen, an déi aner, bon, dann ass et fir d'nächste Kéier!

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Engelen. Da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier un den Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen.

**M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Merci, Här Engelen. Ech denken an ech hoffen, datt mer dann esou eng Motioun net méi brauchen an datt mer kee Krich méi an der Ukrain hunn. Ech wëll just preziséieren, datt ech déi Äntwerten do ginn hunn op déi Motioun. Ech hunn a menger Ried gesot, datt et fir eis awer als Regierung wichteg ass – an ech schwätzen do och fir de Secteur –, datt mer dee richtegen Equilibre hunn tëschent Ekologie, Économie a Sozialem, an dat natierlech am Vierdergrond allkéiers, fir d'Sécurité alimentaire ofzedecken. Dat ass de Sënn vun der Landwirtschaft.

An dofir géif ech proposéieren, déi Motioun hei net unzehuelen. Merci.



**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Landwirtschaftsminister.

Ech mengen, da kenne mer zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

#### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme, 33 Nee-Stëmme an 23 Abstentionen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Pölfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

### 3. Ordre du jour

Op Ufro vum Auteur gött proposéiert, d'erweidert Fro Nummer 129 vum Här Roy Reding iwwert d'Aarbechtskonditiounen vum de Giischtercher, déi fir mar de Mëtte virgesi war, op eng aner Sitzung ze verleeën. Ass d'Chamber mat där Ofännerung vum Ordre du jour averstanen?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

### 4. Dépôt d'une motion par M. Fred Keup

Da géif ech d'Wuert un den honorabelen Här Fred Keup ginn, fir d'Präsentation vum enger Motioun.

Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

#### Exposé

**M. Fred Keup** (ADR), auteur | Merci, Här President. Ech géif hei eng Motioun deposéieren. An et geet ëm de Mali an d'Sahelzon, wou mer déi leschte Méint a Jore ganz nei Entwécklung feststellen. Entwécklungen, déi an déi falsch Richtung ginn. Mir hunn eng Sécherheetslag, déi sech ëmmer méi verschlechtert. Mir hunn d'Entwécklungshëllef, déi praktesch onméiglech gött, ëmmer méi schwiereg gött. Mir hunn am Fong dat Ganzt, wat ëmmer méi engem groussen Echec gläicht, mat Regimier, déi korrupt sinn, ondemokratesch sinn. An dat wäert natierlech och eng ganz Partie Repercussionen op eise Militärasaz an och op eis Entwécklungshëllef am Mali souwéi an anere Sahel-Länner hunn.

An duerfir fuerdere mer mat dëser Motioun d'Regierung op, eis militäresch Presenz an der Sahelzon op en Enn ze bréngen an och all Form vu Kooperatiounspolitik mat deenen ondemokrateschen a korrupte Regimier an där Regioun ze suspendéieren, eis op där anerer Säit awer natierlech weiderhin anzesetzen, fir am Fall, wou dat néideg ass, humanitär Ennerstëtzung an déi Länner ze bréngen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Keup.

#### Motion

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest,*

*– dass déi aktuell Entwécklungen am Sahel eng nei Evaluatioun vum Lëtzeburger Engagement an där Regioun verlaangen;*

*– dass Lëtzebuerg de Mali – eleng tëscht 2015 an 2019 – mat enger Enveloppe vu 55 Milliounen Euro ënnerstëtzt huet;*

*– dass sech a verschiddene Länner an der Sahelzon d'Sécherheetslag kontinuéierlech verschlechtert an domat de Lëtzeburger Engagement an där Regioun schwierig an och geféierlech mécht;*

*– dass d'Agräife vun den EU-Länner an der Sahelzon als Zilsetzung hat, dës Länner virun dschihadisteschem Terror ze schützen an ze verhënneren, dass sech do terroristesch Aktivitéiten entwéckelen. E realistesch Bléck weist allerdings leider, dass sech d'Situatioun weider verschlechtert huet an déi ugepeilten Ziler net erreecht konnte ginn;*

*– dass och den Här Minister fir Entwécklungshëllef rezent matgedeelt huet, dass déi am Mali engagéiert auslännesch Persounen aktuell déi allergréisste Méi hunn, fir hir Projeten iwwerhaapt nach um Lafen ze halen, well et praktesch onméiglech ass, sech nach fräi am Land ze bewegen;*

*– dass d'Situatioun am Mali duerchaus mat där am Afghanistan vergläichbar ass: E korrupte Régime an der Hauptstadt, en auslännesche Militärasaz mat variablen Ziler an eng malesch Regierung, déi d'Presenz vun Truppen aus der EU ëmmer manner ënnerstëtzt;*

*– dass, wéi och de joerzengtelaangen Asaz am Afghanistan, den Asaz am Mali net déi envisagéiert Friichte gedroen huet a riskéiert, e vergläichbaren Echec ze ginn;*

*– dass d'Ziel vun den Auslandsmissionen de reelle Méiglechkeete vun der Arméi misst ugepasst ginn, fir eng Iwwerbelaaschtung vum Militärpersonal ze verhënneren,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– déi Lëtzeburger militäresch Presenz an der Sahelzon op en Enn ze bréngen an och all Form vu Kooperatiounspolitik mat deenen ondemokrateschen a korrupte Regierungen an där Regioun ze suspendéieren;*

*– sech awer weiderhin dofir anzesetzen, dass alles gemaach gött, fir d'Länner an der Sahelzon, besonnesch de Mali, wann néideg, humanitär ze ënnerstëtzen a géintwärt dem Regime Demokratie anzefuerderen.*

*(s.) Fred Keup.*

### 5. 7862 – Projet de loi portant modification des articles L. 414-3 et L. 414-9 du Code du travail

Mir kommen elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 7862, eng Ofännerung vum Aarbechtsrecht am Kader vum Teletravail.

An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat der Verbreedung vun der Covidpandemie ass och eng staark acceleréiert Verbreedung vum Teletravail ze registréieren gewiescht. Dëst Gesetz preziséiert d'Rechter an d'Flichte vu Patron a Personaldelegatioun, am Fall wou Teletravail an engem Betrib soll verricht ginn.

Deem virausgaange war en Avis vum Wirtschafts- a Sozialrot zum Teletravail, deen eng Revisioun vun der nationaler Konventioun iwwert den Teletravail aus dem Joer 2006 proposéiert. Dësen Avis ass den 11. September 2020 publizéiert ginn.

D'Sozialpartner hunn dës Proposition och opgegraff an den 20. Oktober 2020 eng Convention relative au régime juridique du télétravail ofgeschloss.

De 16. Oktober 2020 stoung den Entwurf vun dëser Eenegung tëscht de Sozialpartner um Ordre du jour vum Comité permanent du travail et de l'emploi. Do gouf festgehalten, dass et ubruecht wier, zwee Artikel vum Code du travail ze modifizéieren, fir d'Personaldelegatioun bei der Erstellung oder bei der Ännerung vun engem Teletravailsregimm an de Betriber mat anzebannen.

D'Zil vun dësem Gesetzesprojet ass, dass den Accord iwwert den Teletravail tëscht de Sozialpartner a Form vun enger Konventioun och seng Plaz am Code du travail kritt.

De Gesetzesprojet gesäit vir, dass eng Entreprise verpflichtet ass, d'Personaldelegatioun iwwert d'Aféierung oder d'Ännerung vun enger spezifischer Reegelung betreffend den Teletravail am Betrib ze informéieren an ze consultéieren. Dës Obligatioun gëllt fir Entrepreneure mat manner wéi 150 Salariéen. An de Betriber mat 150 oder méi Salariéen muss d'Aféierung oder d'Ännerung vun esou enger Reegelung tëscht dem Patron an der Personaldelegatioun arrangéiert ginn. Et muss also en double accord iwwert d'Ännerung vun de Modalitéiten virleien.

De Projet de loi ass den 23. Juli 2021 vum Aarbechtsminister deponéiert ginn.

De Staatsrot huet säin Avis den 28. September 2021 ginn. A sengem Avis huet de Staatsrot näischt um Fong auszesetzen an en huet e puer geréngfügeg Ännerungen virgeschloen, déi och alleguerte vun der Kommissioun ugeholl gi sinn.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn hiren Avis den 22. September 2021 erausginn. Et war en Avis commun. An dësem hu si hiren Accord zum Projet de loi och ginn, mee se hu sech awer gefrot, ob et néideg wär, iwwerhaapt ze legiferéieren, well jo schon eng Konventioun do war. D'Kommissioun war der Meinung, dass déi Bemierkung zwar gutt gemaach ass, mee dass et scho Sënn mécht ze legiferéieren, fir d'Rechter an d'Flichte vu Patron a Personaldelegatioun hei nach eng Kéier ze preziséieren.

Den 19. Oktober 2021 huet d'Chambre des Salariés hiren Avis an hiren Accord zum Projet de loi ginn, mat enger Rei vu weidere Recommandatiounen, déi och nach an der Aarbechtskommissioun wäerten diskutéiert ginn.

Den Aarbechtsminister huet de Projet den 3. März der Chamberskommissioun virgestallt. An dëser Sitzung ass och e Rapporteur genannt ginn, deen der hei virun Iech gesitt. An d'Kommissioun huet de Projet an d'Avis vum Staatsrot a vun de Chambres professionnelles den 10. März analyséiert an och eestëmme guttgeheescht.

An ech géif och nach den Avis respektiv den Accord vun der sozialistescher Fraktioun matbréngen. Merci.



**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Rapporteur Dan Kersch.

An ech ginn d'Wuert direkt weider un deen éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Marc Spautz (CSV)** | Merci, Här President. Fir d'alleréischte e Merci un de Rapporteur fir d'Duerstellung vum Projet.

Mir haten och an der Kommissioun eng länger Diskussioun driwwer. A mir hu jo och nach d'Souskommissioun, wou mer jo nach amgaange sinn ze schaffen. An ech mengen, dat ass och gutt esou. An d'CSV wäert dësem Projet och d'Zoustëmmung ginn.

Ech wëll awer d'Geleeënheet notzen, well de Minister hei ass an och nach deen aneren, deen e bësse mat dran ass ... Dat ass d'Geschicht vum Reglement 883, do sinn nei Elementer geschitt. Dat ass dee vun der Sécurité sociale, wann s de an dengem Heemechtsland bass ..., respektiv gëtt et nach eng aner Fro, dat ass déi vun der duebel Besteuerung; dee Minister ass net hei. Vun der leschter Sitzung, déi mer haten, bis haut hunn ech duerno an der Zeitung gelies, dass erëm en Accord fonnt ginn ass mat engem Land. An ech wollt just vum Aarbechtsminister wëssen, ob en eis kéint soen, wéi et mat deem drëtte Land, wou mer bis elo nach keen Accord fonnt hunn, wéi et do mat de Verhandlungen ass, fir dass, esou laang näischt Europäisches ka gereegelt ginn ..., wou mer do dru si bei de bilaterale Verhandlung mat Däitschland, der Belsch a Frankräich respektiv an der Sécurité sociale, wou et méi schwierig ass, well dat d'Reglement 883 ass. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Spautz. An da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Carole Hartmann.

**Mme Carole Hartmann (DP)** | Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säi ganz komplette Rapport. Den Teletravail huet sech effektiv hei zu Lëtzebuerg während der Pandemie aus der Nout eraus etabliert. An et war och wichteg, dass et während där Phas och zu engem neien Accord op dësem Punkt tëschent de Sozialpartner komm ass, woumat den Teletravail och den néidegen, méi aktuelle Kader huet, well mer jo och iwwer déi lescht 15 Joer, wou dee leschten Accord do war, awer eng Evolutioun haten um Niveau vun der Digitaliséierung, soudass et gutt war, dass Enn 2020 deen Accord tëschent de Sozialpartner fonnt ginn ass.

Dat, wat mer elo an d'Gesetz schreiwen, ass ee Punkt vun deem Accord, deen tëschent de Sozialpartner fonnt ginn ass. Als Demokratesch Partei ënnerstëtze mer dat a ginn och den Accord zu dësem Punkt. Mir fërdere weiderhin den Teletravail. Et soll méiglech sinn, fir Teletravail ze maachen. Et ass eng Form, déi net fir jidderee méiglech ass. Et ass net an all Aarbechtssituatioun méiglech. Mee do, wou den Teletravail ka gemaach ginn, soll en, am Accord tëschent dem Patron an dem Salaré, an eisen Aen och weiderhin och no der Pandemie kënne gemaach ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Hartmann. An da ginn ech d'Wuert un deen nächsten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Charles Margue.

**M. Charles Margue (déi gréng)** | Merci, Här President. Merci och un de Rapporteur fir dee kuerzen a sachlechen a gutt virgedroene Bericht.

E puer Wierder. Et ass schonn ugeklongen, dass den Teletravail duerch eng Konventioun gereegelt ass. Doduerch ass de Sozialdialog, wou mer d'lescht Woch

scho vill dervu geschwat hunn, och nach eng Kéier ervirgestrach ginn.

Ech fannen et awer och gutt – mir waren eis jo net ëmmer eens heibannen: Legiferéiere mer iwwert den Teletravail oder net? Hei consacréiere mer op enger gesetzlecher Basis, dass et e Régime spécifique télétravail gëtt, dat heescht, d'Konzept, de Begrëff verankere mer elo an eiser Gesetzgebung. Menger Meinung no, wann ech liesen, dass bei iwwer 150 Salaréien dat Ganz am Kader vum Kollektivvertragswiese muss gereegelt ginn a bei deene méi kleng Betriber tëschent 15 an 150 Leit och vu Patronatssäit muss informéiert ginn – ech hoffen, och dialogéiert ginn ... Ech weess – ech kommen aus engem Betrib, dee kee Kollektivvertrag hat –, dass de Sozialdialog do manner gereegelt ass a méi ofhängeg ass vun deene jeeweilege Gegebenheeten. Den Teletravail ass awer menger Meinung no eng gutt Geleeënheet an eng zwéngend Geleeënheet gewiescht déi lescht Joren, fir dass de Sozialdialog muss sinn. An ech hoffen dann och, dass déi Betriber, wou mer elo vum Aarbechtscode hier kee groussen Afloss hunn – dat sinn déi kleng Betriber ënner 15 Leit –, dass ... Do schwätzt sech d'Konventioun net driwwer aus, do schwätze mer eis och am Gesetz net aus.

Ech weess, mee ech soen et ëmmer erëm, dat ass fir mech eng Suerg, dass och déi Betriber ... An dat sinn immens vill Salaréien, déi do betraff sinn, well et eng Foulitude vu Betriber sinn, déi keng esou eng Garantie hunn oder en Incentive, net opgefuerdert ginn, vun hiren ..., well d'Gewerkschaften do net present sinn. Ech maachen do dann asoufern och en Opruff un d'Patronat, dass si dat och un déi kleng Betriber weiderginn, dass dat ka geschéien.

An ech sinn och frou, dass mer an der Souskommissioun an nächster Zäit och schonn d'Applikatioun vun der Konventioun kënnen ënner d'Lupp huelen, fir eis da méi schlau ze maachen an ze gesinn, wat fonctionéiert a wat net fonctionéiert.

Bon. Dat gesot, soen ech Iech Merci, wéi gesot, dem Rapporteur nach eng Kéier merci, an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Charles Margue. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen (ADR)** | Merci, Här President. Ech géif dann dem Här Dan Kersch en härezeleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech mengen, dat meescht ass gesot, vun him selwer an och vun eenzelne Virriedner ass villes gesot ginn. Ech mengen, et ass eng Etapp fir an déi nächst Etapp eran, wa mer da vun där Sous-commission vun deem Teletravail do nach weider Schrëtt ënnerhuelen, fir an déi Richtung ze goen.

An ech ginn den Accord vun der ADR zu dësem Gesetz. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Engelen. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Jo. Merci, Här President. Fir d'Alleréischte emol e grouse Merci fir de Rapport un den Här Dan Kersch.

Also mir kënnen dat hei just begrëssen. A mir wäerten och dat als Fraktioun matstëmmen.

An der Sous-commission télétravail hu mer awer nach ganz vill Aarbecht. Ech mengen, do sinn d'Aarbechten och amgaangen. An dat wäert och nach e puer Woche bis e puer Méint daueren, well et ass e ganz wichtige Sujet, de Sujet Teletravail.

Mir hunn elo gesinn, wéi wichteg deen an der Covid-zäit ass a wéi e sech installéiert huet. Et ass eng

Plus-value fir Leit, déi doheem schaffen, déi net brauchen am Stau ze stoen. Et ass eng Plus-value fir d'Ëmwelt mat den CO<sub>2</sub>-Emissiounen, déi dowéinst erfoginn.

Mee et birgt awer och eng Rei Geforen, notament d'Gefor vun der Vereinsamung doheem, vum Droit à la déconnexion, vun de gereegelten Aarbechtsstonnen doheem, vun der Aarbechtsplaz doheem, vum Büro doheem, vun den Aarbechtsmaterialien doheem.

Dowéinst musse mer gutt oppassen, dass mer hei e gudde legale Kader schafen, fir dass dat gutt encadréiert ass, fir dass do souwuel de Patron wéi awer och deen, dee schafft, do seng Rechte a seng Flichte gereegelt gesäit.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Dat heiten ass, wéi d'Virriednerinnen an d'Virriedner gesot hunn, e klengt Legosstéck an engem grouse Ganzen, wou definitiv dat lescht Wuert, mengen ech, nach net geschwat ginn ass, wou och nach ganz vill Froen opbleiwen. Mee dorunner gëtt aktiv geschafft.

Nichtsdestotrotz ass et wichteg, dat heiten haut ze stëmmen. An dofir ginn och mir eisen Accord.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire** | Jo. Merci, Här President. Merci dem Rapporteur fir säin exzellente Rapport. A merci och alle Riedner fir hire Bäitrag. Dann och merci fir d'Unanimité an der Chamberskommissioun fir dëse Gesetzesprojet.

Effektiv, et ass gesot ginn, dass dat heiten e klengt Stéck an deem groussen Dossier Teletravail ass, wou jo d'Souskommissioun nach eng ganz Rei vun Aarbechten hei an der Chamber ze maachen huet a wou ech dann och op d'Konklusiounen aus där Kommissioun gespaant sinn.

Dat hei ass jo awer och e klengen Deel, fir de Sozialdialog ze stäerken. Duerfir war et mer och wichteg, dass mer dee Projet haut hei mat dobäi hunn.

Op dem Här Spautz seng Fro geäntwert vum 883: E ganz groussen Dossier, en Dossier, wou och scho vill Tënt gefloss ass fir ze kucken, wéi mer an deem Dossier virukommen. U sech ass et eng Fro, déi sech un de Sécurité-sociales-Minister an och un de Finanzminister richt, well si et sinn, déi u sech negociéiere mussen, wéi mer mat eisen Nopeschlänner am Teletravail do eens ginn. Ech huelen déi Fro do och mat. An ech wäert dem Här Spautz da sou séier wéi méiglech op déi gestallte Fro do äntwerten. Ech weess awer, dass se a permanentem Kontakt mat hiren Homologen sinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Engel. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7862. Den Text steet am Document parlementaire 7862<sup>4</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7862 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.



An de Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëm-meg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 6. 7931 – Projet de loi portant dérogation temporaire à l'article L. 523-1 du Code du travail

Mir kommen elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, de Projet de loi 7931, eng Ofännerung vun enger temporärer Ausnam am Aarbechtsrecht fir d'Affektatioun vu Chômeuren.

An ech géif direkt d'Wuert ginn un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | Nach eng Kéier merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, kee Gesetz, ouni iwwert de Covid ze schwätzen. Déi zwee lescht Jore waren duerch d'Covid-19-Pandemie markéiert. Dat wësse mer alleguerten. An dat huet awer och zu ganz grouse Belaaschtungen a ganz ville Secteure gefouert.

An deem Kader gouf och, ënner anerem, op d'Hëllef vu Chômeuren zréckgegraff, fir bei der Bekämpfung vun der Covid-19-Pandemie eng Hand matunzupaken, an dat notament an enger ganzer Rei vu staatleche Verwaltungen.

D'Gesetz gesäit iwwregens vir, dass déi betreffend Leit, déi esou e Stage maachen, an enger zäitlech begrenzter indemniséierter Beschäftigung, engem sougenannten OTI, sinn.

Wéi e Chômeur Aarbechtserfahrung am Kader vun engem OTI sammelle kann, ass duerch den Artikel 2 vum Règlement grand-ducal vum 12. Mee 2011 gereegelt.

D'Zil vun engem OTI ass et, datt de Chômeur um Aarbechtsmaart Experienze sammelen an domadder seng Chancen um Aarbechtsmaart verbessere kann.

Am Kader vun der Lutte géint d'Covid-19-Pandemie goufen a ginn iwwregens och nach weiderhin eng Rei vu Chômeure fir Aarbechten, wéi zum Beispill d'Verdeeel vu gratis Antigentester awer och bei der Ënnerstützung an der Réckverfolgung vu Kontakter oder bei der Helpline Santé, agesat.

Dëst ass, mengen ech, dann och eng Geleeënheet, fir hinnen alleguerte vun dëser Plaz e grouse Merci ze soen, well si hunn eng ganz wichteg Aarbecht am Dëngscht vum Land geleescht.

D'ADEM definéiert selwer, wat fir eng Aufgaben als Aarbechten am Kampf géint d'Covid-19-Pandemie ugesi ginn.

Dëse Gesetzesprojet gesäit elo vir, dass déi Zäit, wou eng Persoun an enger OTI-Beschäftigung ass an an der Lutte géint de Covid-19 agesat gëtt, dass déi weider Berechnung vun der OTI-Zäit net ugerechent gëtt. Bis ewell konnten dës Leit net méi wéi sechs Méint am Kader vun enger OTI Aarbechte maachen, wa si méi jonk wéi 50 Joer waren. Si konnten och nëmmen ee Stage maachen.

Well awer eng Rei vun deenen Aktivitéite manner wéi sechs Méint gedauert hunn, wärend se also benodeelegt par rapport zu anere Kandidaten. An dofir dëse Gesetzesprojet. An dofir gesäit dëse Gesetzesprojet ënner anerem och vir, dass mer eng Réckdatéierung maachen.

De Staatsrot huet säin Avis de 14. Dezember 2021 ginn. A sengem Avis huet de Staatsrot och näischt um Fong vun dësem Gesetz auszesetzen. En huet e puer geréngfügig legistesche Ännerunge virgeschloen, déi och alleguerte vun der Kommissioun ugeholl gi sinn.

D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 28. Dezember 2021 ginn. Och d'Chambre de Commerce gesäit dëse Projet de loi positiv, genausou wéi d'Chambre des Salariés, déi hiren Avis den 9. Februar 2022 ginn huet.

Den Aarbechtsminister huet den 3. Mäerz de Projet de loi an der Kommissioun presentéiert. Duerno sinn och nach d'Avisen analyséiert ginn an et ass och e Rapporteur designéiert ginn. D'Kommissioun huet, wéi gesot, den Avis vum Staatsrot an d'Avis vum de Chambres professionnelles analyséiert an huet och hiren Accord zu dësem Projet de loi ginn.

An dann och, dass ech dat net vergiessen: D'sozialistesche Fraktioun gëtt hiren Accord zu dësem Projet de loi.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Dan Kersch.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass op en Neits den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e grouse Merci un de Rapporteur fir seng Erklärungen zu deem Projet. An d'CSV kann och dësem Projet nëmmen d'Zoustëmmung ginn.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Spautz. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Carole Hartmann.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här President. Ech ka mech dem Här Spautz uschlëssen: Ech soen dem Rapporteur Merci a ginn den Accord vun der Demokratescher Partei.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hartmann. Da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Djuna Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Här President, och vun eiser Säit aus e grouse Merci un den Här Rapporteur. A mir kënnen deem och nëmmen zoustëmmen, wat d'Virriedner gesot hunn, a ginn eisen Accord fir dëse Projet de loi.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Ech géif dem Här Dan Kersch en häerzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. Et ass alles gesot. Et ass deem näischt méi bäizefügen. An ech ginn den Accord vun der ADR zu dësem Gesetz.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. Ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. E grouse Merci un de Rapporteur. Och mir begreissen dat heiten a stëmmen dofir, well dës OTIen hunn eis während der Covidkris ganz vill gehollef a si dierfen dowéinst och net bestrooft ginn. Vun eis aus och e grouse Merci vun dëser Säit u si.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass op en Neits den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Seele kennt e Rapporteur den Text esou gutt wéi an deem heite Fall. Seelen huet seng Handschrëft den Text esou gepräagt wéi an deem heite Fall. Dofir merci ...

**Plusieurs voix** | O!

(Hilarité)

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... fir deen exzellente Rapport, souwuel mündlech wéi schrëftlech. An domadder ginn och mir eisen Accord.

**Une voix** | O!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Merci, Här President. Jo, och vu mir aus merci dem Rapporteur. Merci all de Virriedner. Et ass alles gesot. Et ass e Projet fir ze evitéieren, dass déi Leit, déi eis vill gehollef hunn an der Lutte géint de Covid, och nach duerch hir Hëllef benodeelegt ginn. Duerfir e grouse Merci fir d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Engel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7931. Den Text steet am Document parlementaire 7931<sup>4</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7931 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7931 est adopté à l'unanimité des 59 votants.



*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler) et Claude Lamberty ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 7. Motion de M. Fred Keup concernant le retrait de la présence militaire luxembourgeoise de la région du Sahel

**Motion déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 50 de ce compte rendu)**

Da kéime mer nach zur Diskussioun respektiv dem Vott vun der Motioun, déi vum Här Fred Keup deposéiert ginn ass.

Wie wëllt nach dozou d'Wuert ergräifen? Déi honorabel Madamm Stéphanie Empain.

### Discussion générale

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Wann et fir jiddwereen ok ass, géif ech dat trotzdem elo maachen. Da wär dat gemaach.

(Interruption)

Voilà. Ech wollt kuerz reagéieren op déi Motioun, déi elo vum Här Keup deposéiert ginn ass. Vlächcht déi eng oder déi aner Saach inhaltlech, ech ginn net op all Punkt an, mee zum Beispill schreift Der dran, dass d'Organisationen, déi am Mali nach aktiv sinn, hir allergréisste Méi hunn, fir d'Projeten iwwerhaapt nach um Lafen ze halen an dass et onméiglech ass, sech nach fräi am Land ze beweegen. Am Fong geholl beweist och grad dat, dass d'Sécherheet am Land awer e Prerequis ass, fir dass ONGen nach do kënnen funktionéieren. A wann een elo d'ganz Defense eraushëlt, da bedeit dat automatesch och, dass sämtlech humanitär Organisation an ONGen och net méi kënnen do schaffen. Dat ass och eppes, wat Der musst mat kalkuléieren.

Dann dee leschten Turet, wou Der schreift, dass d'Zuel vun den Auslandsmissionen de reelle Méiglechkeete vun der Arméi misst ugepasst ginn, fir eng Iwwerbelaschtung vum Militärpersonal ze verhënneren. Bon, do hu mer jo awer och reegelméisseg an der Kommissioun driwwer geschwat, wou mer och confirméiert kritt hunn, och vum Generol vun der Arméi,

dass genuch Personal do ass, fir déi Missionen ze erfëllen. An ech géif och ze bedenke ginn: Och wa mer elo Leit aus dem Mali erauszéien, dann heescht dat jo net, dass déi elo heiheem fir aner Saachen agesat ginn. Mir hunn en Engagement, fir dat mir eis als Partnerland engagéieren. An aus dem Mali erauszugee géif automatesch bedeuten, dass ee sech dann och an anere Missiounen kéint engagéieren.

Bon, allgemeng wollt ech awer och nach soen, dass mer an der Kommissioun jo ganz, ganz reegelméisseg iwwer eis Missiounen schwätzen. Dat hu mer elo nach ugangs der Woch oder d'lescht Woch gemaach. Konkreet hu mer och elo ganz rezent iwwer déi zwou Missionen am Mali geschwat, wou mir engagéiert sinn, d'EUTM an d'UNO-Missioun.

A grad bei der UNO-Missioun, do sinn d'Gesprécher mat de Partnerlänner jo nach amgaange fir ze kucken, wat d'Zukunft vun där Missioun ass. A mir sollten och net vergessen, dass et hei och ëm de Schutz vun der lokaler Populatioun geet. An ech géif et wierklech och vu Grond op falsch fannen, wa mer elo eis als Lëtzebuerger do unilateral géifen erauszéien, ouni d'Gesprécher mat eise Partner ofzemaachen.

An da wollt ech och just nach umierken, Dir hutt dat vlächcht matkritt, dass Lëtzebuerg grad an dëser Region och op e ganz, ganz neie Wee geet. Do ass elo e Communiqué erauskomm – ech mengen, dat war gëschter –, fir am Fong geholl Defense, Ëmwelt a Kooperatioun zesummen ze kucken, zesummen ze denken. An do ass e Projet lancéiert ginn, deen ënnert dem Volet vum sougenannten „environmental peacekeeping/peacemaking“ kann zesummegefaasst ginn. An dee soll, ënner anerem, och eng Äntwert drop ginn, wat Dir och an der Motioun ugeschwat hutt, dass bisheereg Efforten net déi Friichte gedroen hunn, déi mer eis erhofft hunn. Hei geet et ëm Preventioun a Konflikt-resolutioun, och ëm d'Gouvernance vun natierleche Ressourcen etc.

A wann Är Motioun elo freet, dass all Form vu Kooperationspolitik soll op en Enn bruecht ginn, da kënnen mir dat op alle Fall an där Form net matdroen. Ech kann Iech awer versécheren, dass mer de Sujet nach an Zukunft wäerten an der Kommissioun beschwätzen. Spéitstens all dräi Méint, esou wéi dat nei OMPs-Gesetz (ndlr: Opérations pour le maintien de la paix) et virgesäit. Mee den Här Minister huet eis jo och versprach, dass e géif op eis duerkommen, soubal et konkreet nei Informatiounen zum Mali gëtt. Voilà!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Empain. An da freet d'Wuert den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also, ech war elo e bëssen iwwerrascht, dass déi awer esou schnell drükent, well dat awer trotzdem e komplex Thema ass. Mee ech hat awer elo kuerz Zäit, fir nach eng Kéier d'Rapporten erauszesechen. A bekanntlech sti mir Piraten jo ganz, ganz kritesch zu deem Mali-Asaz. An a menger Memoire war et nach esou, dass ech mech erënneren, dass mir als eenzeg an anere Vott geholl hate wéi d'Majoritéit. Dat heescht, d'ADR huet deemools och fir déi Missioun matgestëmmt. Wat mech elo iwwerrascht mat hirer Motioun, déi elo op eemol hei kënn, mee bon. Hu se dat elo op eemol entdeckt a se sinn enger anerer Meenung? Ok. Dat klasséiere mer dann alt esou of.

Jo, mir Piraten hu jo déi Fro schonn ëfters hei gestallt, an et war jo virun engem Mount ongeféier, an der Heure d'actualité, wou mer déi Fro nach eng Kéier dem Här Bausch gestallt haten. An den Här Bausch hat och kuerz duerno nach en 100,7-Interview ginn, wou en awer bei e puer Piste gesot huet, dass et am Moment kritesch wier an dass een et am A misst behalen.

Bon, mir Piraten, eis Positioun ass kloer: Mir wäeren am léifsten direkt erausgaangen! Mir wäeren mol net erausgaangen, nenne mer et esou. Dat war eeben eis Positioun zënter all deene Joren.

Trotzdem kënnen mer dat heiten awer net matstëmmen, well esou, wéi se geschriwwen ass, esou, wéi einfach déi Ënnerstellungen zu enger Kooperationspolitik hei drastinn, ass dat fir eis Piraten net ze droen. Deementspriedend wäerte mer se och ofleenen.

A wann ech awer e bëssen den Discours kucke vun der ADR an deene leschte Wochen an Deeg, zënter dem Ukrain-Krich, wéi se iwwer Russland schwätzen, an hei nenne se dat dann op eemol ondemokratesch a korrupt Regierungen, dann hoffen ech, dass se dann déi Positioun zu Russland och esou anhuelen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci, Här President. Ech wëll soen, dass ech fannen, dass mir fannen, dass mat esou enger Motioun, wéi se hei proposéiert ginn ass, wou den Depart vun enger Missioun, vun enger Lëtzebuerger Missioun, déi sech awer am internationale Kontext aschreift, wou mer Engagementer, international Engagementer, geholl hunn, wou mer Partie vun engem europäeschen Engagement sinn, net kann einfach esou, an engem Fiederstréch, ouni Diskussiounen, mol einfach gesot ginn: „Elo maache mer dat mol net méi!“, nodeems dass mer eis engagéiert hunn. Dat géif eist Land an eng Situatioun bréngen, wou mer awer ganz, ganz komesch géifen dosto. An dofir ass dat fir eis net akzeptabel.

Par contre soen ech, dass de Mali an déi Diskussioun iwwer de Mali an d'militäresch Presenz am Mali, nottamment mat deem, wat alles an der leschter Zäit do geschitt ass, nottamment och, well d'Fransouse lues a lues hir Missioun do amange sinn erauszéien, natierlech eng Fro soll sinn. Ech ka mech just erënneren, dass mer dat d'lescht Woch an der Kommissioun – oder war et viru 14 Deeg? – ugeschwat hunn an do och eng ganz Rei Explikatiounen kritt hunn, firwat et an dësem Moment nach sennvoll wär, eng Missioun, eng Lëtzebuerger Missioun mat aneren europäesche Länner zesummen, an deem Land ze hunn. An dat huet eis an deem Moment agelicht. An dat wär vlächcht do d'Zäit gewiescht fir d'ADR an och d'Plaz, fir déi Diskussioun opzebréngen.

Ech wëll soen: Esou kënnen mer déi Motioun hei sécherlech net stëmmen! Ech wär natierlech interesséiert, well dat awer en extreem seriöse Sujet ass, fir déi Diskussioun iwwer de Mali eng Kéier an all Detail an enger Kommissioun, Defensekommissioun, Aussekommissioun, wéi Der et och ëmmer wëllt, ze diskutéieren, fir datt mer och d'Zukunft vun deene Missiounen kënnen eng Kéier duerk diskutéieren. Gradesou wéi mer am Fong och eng Kéier sollen duerk diskutéieren, wat mat deenen neie Gegebenheeten och d'Ausrichtung an Zukunft vun eiser Arméi fir esou Missiounen kann a soll sinn. Dat wär schonn eppes, wat hei an der Chamber sollt duerk diskutéiert ginn.

Mee esou kënnen mer dës Motioun net matstëmmen. Se kann eventuell à la limite an eng Kommissioun geschéckt ginn. Wann dat net de Fall ass, stëmme mir dergéint.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Wiseler. An da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.





**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci fir d'Wuert. Ech géif vläicht just dem Kolleeg Goergen matdeelen, dass meng Kolleegen deemools sech och géint dee Militärasatz positionéiert haten.

*(Interruption par M. Marc Goergen)*

A, ok. Ech schwätze vum Parlament, vun hei an der Plenië. D'accord. Ech hu lo gemengt, Dir géift vun der Plenië schwätzen. Ok. Op jidde Fall si mir prinzipiell géint esou Militärasatz am Ausland, ech mengen, dat wësst Der, an deemno sti mir effektiv där Saach och kritesch géint iwwer.

Mee ganz kloer ass hei och net alles falsch an där Motioun, a mir gesinn dee Militärasatz natierlech och kritesch. Wat mech awer immens stéiert, also wat eis immens stéiert, ass, dass d'Kooperationspolitik hei materageholl gëtt, an do si mir awer wierklech der Meinung, dass een domat net soll ophalen, well déi lokal Bevëlkerung ëmmer nach an deem Besoin ass. Och wa si eng illegitim Regierung hunn, esou wéi dat op anere Plazen och ass, kënne mer si awer trotzdem net fale loosse. Also, ech mengen, mir dierfen net just un eis Zaldoten denken, mee eeben och un déi lokal Bevëlkerung. An dofir si mir der Meinung, dass een déi Kooperationspolitik net soll fale loosse, dass een déi och ka mat de Populatiounen direkt um Terrain maachen, also wierklech nidderschwellig um Terrain an net onbedéngt duerch d'Regierung.

Dovunner ofgesi menge mir eeben, dass een déi Diskussioun wierklech méi breet misst féieren an iwwer universell Prinzipie misst féieren an eventuell och eng Kéier an der Kommissioun. Op jidde Fall wäerte mer dës Motioun net matdroen. A genau dat ass eis Positioun.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, villmools merci. Et ass effektiv esou, ...

*(Brouhaha)*

... dass mer elo hei déi Motioun presentéiert hunn. D'ursprénglech Iddi war awer net, dass mer dat elo haut direkt missten diskutéieren. An ech soen Iech, firwat.

Et ass nämlech esou, dass mer mussen an deem Gesamtkontext, wou mer sinn, den Evolutioun Rechnung droen, déi sech an der internationaler Landschaft ofspillen. Mir hunn an Afrika an deene leschte Wochen a Méint, am Mali an och op anere Plazen, ganz dramatesch Entwécklung gesinn. Mir hu Putsche gehat. Mir hunn eng Verhäertung vun de Positiounen vun der Regierung zu Bamako. Mir hunn de Réckzuch vun der Franséischer Arméi erlieft. Mir hu gesinn, dass eis eeg Regierung – wéi déi Leit, déi hei op d'Entwécklungspolitik agaange sinn – hir Meinung zum Mali, op jidde Fall hir Politik mam Mali geännert huet doduerch, dass mer, mengen ech, elo kee PIC (ndlr: Programme indicatif de coopération) méi mat hinnen hunn, mee nëmmen nach esou en Transitionsaccord – dat misst een elo

genau nokucken, den Här Fayot ass haut och net do –, soudatt sech jo do eng permanent Entwécklung mécht.

An ech mengen, wat mir elo wëlle soen, dat ass, dass mer net einfach ëmmer kënne weidermaachen, wéi wann do am Mali näischt geschitt wär. Mir wëssen, dass do eng héich instabil Positioun ass, dass mer och eng Kooperatioun mat auslännesche Söldner vun der Regierung hunn, eng héich Korruptioun a kee Wëllen, fir zréck an demokratesch Verhältnissen ze goen. An et ass eis dru geleet fir ze soen, dass, wann esou Entwécklung sinn, mer dach net als Lëtzebuerg einfach kënne nokucken, eis op Gespréicher mat anere referéieren an dann esou maachen, wéi wann do näischt geschitt wär. Nee, mir musse reagéieren!

Op där anerer Säit gesi mer och, dass mer hei an Europa grouss Ännerungen hunn, déi mer nach virun e puer Wochen net haten. Leider hu mer déi Entwécklungen an Europa. Mir hunn elo méi Engagementer vun der Lëtzebuerger Arméi an Europa am Vergläch zur Vergaangenheet. An natierlech musse mer kucken, wou eis Prioritéite leien. Wa virun e puer Wochen nach d'Meenung war, dass mer e puer Operatiounen gläichzäiteg géife packen, ass haut elo hei eng aner Situatioun agetrueden.

Mir wëllen also mat dëser Motioun – déi haut zwar refuséiert gëtt, mee ech sinn iwwerzeegt, dass d'Iddi net ënnergeet! – eigentlech ganz kloer d'Attentioun vum Parlament dorobber riichten, dass d'Entwécklung souwuel an Afrika wéi an Europa sech dramatesch geännert huet an dass et nëmme logesch a konsequent ass, dass mer am Licht vun deenen Evolutiounen och iwwerpräiwen: Wat kënne mer der Arméi zoomudden? Wou leien eis Prioritéite? A wéi ass eis Kredibilitéit, wa mer an Europa, mat Recht, soen: „Mir wëllen net, dass deen an dee Regime korrupt ass, mir toleréiere keng Gewalt, mir wëllen net, dass do e falschen Androck entsteet an eiser Baussepolitik“? Mee déi selwecht Moossstief musse mer och op anere Plazen an der Welt hunn, well soss verléiere mer do eis Kredibilitéit intern wéi och extern.

Ech huele gär zur Kenntnis, dass Begrëffer hei opdauche wéi „environmental peacekeeping“ – wat dat och ëmmer soll heeschen –, mee mir loosse eis net a Floskele verstrécken. Mir musse Realpolitik maachen. Dat ass vläicht eng Saach, déi mer an deene leschte Woche geléiert hunn. Loosse mer dach d'Welt net esou molen, wéi se eis gefält, mee loosse mer mat de Realitéiten ëmgoen! An ech mengen, dee Schrëtt, dee mir haut als ADR wollte maachen – an dat ass eis och ganz sécher gelongen, och wann déi Motioun ofgeleent gëtt –, dat ass fir ze soen: Kommt, mir maache realistesch Politik, souwuel wat eis Arméi ugeet wéi och eis Baussebeziungen!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. Den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Also, ech menge schon, dass eis Regierung grad an deenen dote Froen eng Realpolitik mécht. An ech muss och wierklech soen, dass ech net kann hei mat där Motioun d'accord sinn, wou mer einfach

liichtfankeg en Text schreiwen a soen: „Elo hale mir mol op mat der Kooperationspolitik an där ganzer Géigend.“ Do si warscheinlech ...

*(Interruption)*

Dach, dat ass dat, wat hei steet. An do si warscheinlech vill Leit, déi op déi Kooperationspolitik vu Lëtzebuerg a vun aneren ugewise sinn.

Selbstverständlech sollte mir iwwer all d'Problemer schwätzen, déi an der Sahelzon sinn, an dat sinn der net weineg, an d'Evolutioun, déi do ass, ass keng schéin. An dat maache mer och, dat maache mer bei eis an der Kommissioun an der Aussepolitik, dat maache mer och an der Madamm Empain hirer Kommissioun reegelméisseg, mat dem Här Bausch, mat dem Här Fayot an och mat dem Här Asselborn. Dat wäerte mer och weiderhin esou maachen. Mee déi heite Motioun, déi kënne mer op kee Fall matdroen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

**Vote sur la motion**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 15.47 heures.)*



## Sommaire

- 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 55**  
M. Fernand Etgen, Président
  - 2. Question élargie n° 131 de M. Laurent Mosar au sujet du cadre légal pour les actifs cryptographiques ..... p. 55**  
M. Laurent Mosar | Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances (interventions de M. Gilles Roth et Mme Nancy Arendt épouse Kemp) | M. Laurent Mosar | Mme la Ministre Yuriko Backes
  - 3. 7348 – Projet de loi relative aux comptes inactifs, aux coffres-forts inactifs et aux contrats d'assurance en déshérence et modifiant :  
1° la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ; et  
2° la loi modifiée du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances ..... p. 57**  
Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)  
Discussion générale : M. Laurent Mosar (intervention de M. André Bauler) | M. François Benoy | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances  
Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
  - 4. Question élargie n° 134 de Mme Djuna Bernard au sujet du fonctionnement des offices sociaux au Luxembourg ..... p. 60**  
Mme Djuna Bernard | Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration
  - 5. Question élargie n° 135 de Mme Simone Asselborn-Bintz au sujet du langage simplifié ..... p. 62**  
Mme Simone Asselborn-Bintz | Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration
  - 6. 7926 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement de l'assainissement et de la revalorisation du site du projet « NeiSchmelz »  
7927 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du développement de logements du projet « NeiSchmelz » ..... p. 64**  
Rapport de la Commission du Logement : Mme Semiray Ahmedova  
Discussion générale : M. Marc Lies | M. Max Hahn | M. Dan Biancalana | M. Fred Keup | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen (interventions de M. Fred Keup et M. Sven Clement) | M. Fred Keup (parole pour fait personnel) (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. Marc Goergen)  
Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre du Logement | Mme Nathalie Oberweis (parole après ministre) | M. le Ministre Henri Kox  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7926 et dispense du second vote constitutionnel  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7927 et dispense du second vote constitutionnel
- Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Corinne Cahen, M. Henri Kox et Mme Yuriko Backes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?  
(Négation)

### 2. Question élargie n° 131 de M. Laurent Mosar au sujet du cadre légal pour les actifs cryptographiques

Mir fänken d'Sitzung vun haut de Mëtteg u mat der erweiderter Fro Nummer 131 vum Här Laurent Mosar iwwert de legale Kader vun dem kryptographesche Verméigen. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen. An der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Merci, Här President. Wann da vläicht jiddweree Plaz geholl huet, géif ech ...  
(Brouhaha)

... dann och ufänken.

Madamm Finanzministesch, ech wollt eigentlech de Mëtten eng Fro stellen am Kontext vun der Reglementatioun vun deene sougenannte Kryptoassets a mech referéieren op dat MiCA-Reglement – MiCA, ofgekierzt fir Markets in Cryptoassets –, wat elo virun enger Rei vun Deeg vun der EU-Kommissioun ugeholl ginn ass.

Fir nach eng Kéier ganz kuerz ze soen, ëm wat et hei geet: U sech gëtt hei e Legal Framework fir déi ganz Kryptoassets geschaaft. Dat ass eigentlech eng äusserst positiv Saach. Dir kënnt Iech och drun erënneren, datt ech e puermol op dëser Tribün déi Fuerderung gestallt hat, datt mir och hei zu Lëtzebuerg esou e Legal Framework géife kréien. Ech hunn deemools ëmmer vum Här Gramegna gesot kritt, mir sollten elo mol ofwaarden, wat do vu Bréissel géif kommen.

Entre-temps ass dann elo eng Proposition de règlement vu Bréissel do. Wat soll hei gereegelt ginn? Fir

d'alleréisch soll hei elo mol eng nei Industrie, nämlech déi vun de Kryptoassets, e legale Kader kréien, fir och ze erlaben, sech kënnen um Niveau vun der gesamter Europäescher Unioun ze developpéieren. An zweetens – an dat ass och wichteg – geet et natierlech hei och drëm, den Investisseuren, déi an déi Kryptoaktiva investéieren, déi néideg Protektioun dofir ze ginn.

Ech sinn och elo frou, Madamm Finanzministesch, datt dat Reglement zu Bréissel schlussendlech duerchgaangen ass. Dat war jo anscheinend net einfach, notament well déi gréng am Europaparlament relativ Drock gemaach haten, fir datt et quasiment géif zu enger Reegelung kommen, déi d'Kryptoassets an der Europäescher Unioun onméiglech gemaach hätt, andeem do gewëssen ekologesch Krittäre fixéiert gi wieren, déi esou streng gewiescht wäeren, datt sech iwwerhaupt keng Kryptoassets méi hätte kënnen developpéieren. Dat wär eng grouss Katastroph gewiescht! Duerfir begreissen ech, datt et net esou wäit komm ass.

Ech verstoppen awer och net, datt et bei de Kryptoassets och eng Fro vun Ekologie gëtt, well – an dat muss een einfach wëssen – esou nei digital Monnaïe wéi de Bitcoin natierlech och ekologesch net onbedéngt positiv sinn. Mee op där anerer Säit kënnt do awer och eng ganz grouss Entwécklung an ech si perséinlech dervun iwwerzeegt, datt an Zukunft och déi Kryptomonnaïe vill méi ekologesch wäerte sinn, wéi dat am Moment de Fall ass.

Ech wollt awer elo eng Rei vu Froe stellen, notament par rapport zu deem Pabeier, deen elo virläit, well dee Pabeier menger Meenung no awer och nach net all d'Problemer léist. Leit, déi sech e bësse méi mat där Thematik ofginn, fäerten och do, datt et elo erëm, wéi sou oft, zu enger ze vill strikter Regulatioun kënnt, déi d'Emissioun vu Kryptoaktiva quasiment just de Banke géif virbehallen, wat menger Meenung no och net de Wee ka sinn. Ech fannen et perséinlech och net gutt, datt d'Europäesch Zentralbank hei ganz eleng soll den Droit de veto kréien. Dat alles riskéiert, derzou ze féieren, datt mir hei erëm, wéi sou oft, den Zuch par rapport zu Asien an de Vereenegte Staate leider wäerte verpassen. Ech gesinn och, datt den

Här Biden ganz grouss Initiativen hëlt, wat justement d'Reglementatioun vun de Kryptoaktiva an de Vereenegte Staate betrëfft.

Déi Froen, déi ech also de Mëtte wollt stellen:

Éischtens, wéi ass eigentlech d'Positioun vun der lëtzebuergescher Regierung par rapport zu deem Reglement do gewiescht, wëssend, datt besonnesch, wéi gesot, déi gréng am Europaparlament jo manifestement net domadder d'accord sinn?

Wéi ass elo d'Positioun vun der lëtzebuergescher Regierung? Mech géif natierlech och interesséieren, wéi d'Regierung sech par rapport zu deene Propositione positionéiert, déi do um Dësch leien an – wat ech virdu gesot hunn – ob d'Ministesch net awer fäert, datt mer hei erëm e Corset juridique maachen, deen awer esou strikt ass, datt et riskéiert, kontraproduktiv ze ginn.

An da wëll ech och wëssen, wéi d'lëtzebuergesch Regierung als First Mover eventuell d'Implantatioun vun deene Kryptoaktiva hei zu Lëtzebuerg preparéiert, well mer jo dee Cadre juridique och mussen ëmsetzen. Gëtt elo schonn dorunner geschafft?

An dann eng lescht, ganz wichteg Fro, déi och mat der Aktualitéit ze dinn huet: Et schéngt mir essenziell ze sinn, datt mer esou en Arsenal législatif esou schnell wéi méiglech kréien, fir och ze evitéieren, datt, wéi dat elo de Fall ass, verschidde Sanktiounen iwwert de Wee vu Kryptoaktiva ëmgaange ginn. An do wollt ech d'Ministesch och froen, ob am Moment um Niveau vun der EU eventuell Initiative lafen, fir justement déi dote Gefor ze evitéieren.

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert. D'Madamm Finanzminister Yuriko Backes. Madamm Backes, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** | Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, den honorabelen Deputéierten huet eng Rei ganz pertinent Froe gestallt. An där Invitatioun, déi ech krut, hat e sech méi op eng Etüd vum LHOft referéiert, déi och ganz interessant ass. An ech mengen, do wëll ech



dann och direkt soen, dass dat am Fong och dat Ganzt encadréiert huet. LHoFT ass och do a sengem Rôle, fir nei Technologien an Innovatioun am Finanzsecteur ze analyséieren an zesumme mam Secteur ze kucken, wéi een dës nei Opportunitéite kann ergräifen.

Fläicht just e Mot d'introduction, och well d'Fro am Fong ugefaangen hat mat där Etüd vum LHoFT. LHoFT feiert elo dëst Joer de fënneften Anniversaire. Et ass och justement, fir esou Etüden ze maachen, dass de LHoFT kreéiert ginn ass. Ech huelen dann awer och vläicht e bëssen aus, fir op Är Froen ze äntwerten.

Wéi d'Etüd vum LHoFT kloer seet, ass, contrairement zu Amerika, de Kryptoaktiva-Beräich an Europa nach an de Kannerschong. A wann dës Ëmfro zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass, dann ass dat trotzdeem och representativ fir ganz Europa, well a ganz ville Saachen – well mer esou eng staark Fongenindustrie hunn – si mer natierlech Virreider.

Wat de gesetzleche Kader ugeet, ass et wichtig ze ënnersträichen, dass dat, wat gebraucht gëtt – an ech hunn Iech richteg héieren, et ass dat, wat mäi Predecesseur jo och gesot huet –, virun allem en europäesche Kader ass. Et ass och dat, wat aus där Etüd hei erauskomm ass. Do hätt ee kënnen driwwer schwätzen, ob mer e Lëtzeburger Kader bräichten. Nee. Ech mengen, aus där Etüd ass och erauskomm, dass d'Demande vum Secteur fir en europäesche Kader war.

Wann ee weess, dass Lëtzeburger Fongen a ganz Europa a weltwäit verdriwwen ginn, da versteet een, dass e reng nationale Kader fir Kryptoaktiva effektiv och éischter wéineg bruecht hätt. Dofir ass op dee Kader gewaart ginn.

Dat heescht natierlech net, dass een net kann national op e puer Plazen och nach u Schrauwen dréien, och schonn à ce stade, an dat ass och gemaach ginn. An deem Sënn ass de Finanzministère weider op fir den Dialog mam Secteur. Dat ass ganz wichtig fir ze kucken, wou een Upassunge ka maachen.

Kryptoaktiva sinn awer nun emol en neie Beräich, dee séier evoluéiert, a se sinn och net ouni Risiken. D'Etüd thematiséiert eng ganz Rei vun dëse Risiken, dorënner méi héich Risike wéi Geldwäsch, mee och déi grouss Volatilitéit, déi esou Investissementer extreem spekulativ an och risikant kënnen maachen.

Hei muss een da ganz kloer den Hype, dee ronderëm d'Kryptowärung besteet, trenne vun deem, wat mir och als responsabel Finanzplaz maachen eeben am Ëmgang mat Innovatiounen, well et eis natierlech um Häerz läit, eis renomméiert Finanzplaz Lëtzebuerg an och d'Investisseure viru Geldwäsch, Volatilitéit an all deene Risiken ze schützen.

D'CSSF huet net fir näischt och kloer Positioun geholl an erklärt, dass nëmmen alternativ Fongen, déi also u professionell Investisseure verkaaft ginn, a Kryptoaktiva dierfen investéieren.

Lëtzebuerg war am Fong vun Ufank u proaktiv, awer effektiv éischter virsiichteg mam Thema vu Kryptoassets ëmgaangen, esouwuel op der Säit vun der Finanzopsicht wéi och vum Legislatuer.

D'Objektiv war ëmmer, d'Innovatioun am Finanzsecteur ze begleeten duerch eng technologieneutral Approche, an do wou méiglech, innerhalb vum besteende Gesetzeskader. Wou et néideg war, ass dann och de legale Kader ugepasst ginn, fir méi Rechtsstaatlechkeet ze schafen.

Dobäi war et der Regierung och ëmmer wichtig, dass dat eeben iwwerluecht an etappeweis do vir sech geet. Et ass drëms gaangen, e Kader ze schafen, dee kredibel ass an et den Acteuren aus dem Finanzsecteur erlaabt, nei Technologien ze benotzen an ze innovéieren

an och am Laf vun der Zäit Risike besser ze verstoen an déi Risiken dann och ze maistriséieren. Dëst war besonnesch wichteg am Beräich, wou et eebe grad och nach keen europäesche Kader ginn ass.

Schonn 2014 – just fir dat och ze mentionéieren, well ech mengen, dass dee Kader awer wichtig ass, fir dat ze ënnersträichen – huet d'CSSF Stellung zur Kryptowährung geholl a gesot, dass all Krypto-Akteur, deen zu Lëtzebuerg e Finanzservice ubitt, ënnert d'Supervisioun vun der CSSF a besteeënd Finanzgesetzter fält. Dëst betrëfft och déi, déi eeben en Echange tëschent Kryptowärungen an offizielle Wärungen erlaben.

D'CSSF huet doriwwer eraus en Innovationshub en place gesat, eng Aart vu Single-Point-of-Contact, souwuel fir traditionell Acteuren aus dem Finanzsecteur wéi FinTech-Firmen, déi och nei innovativ Solutiounen wëlle lancéieren.

D'CSSF encouragéiert esou den Echange mam Secteur iwwer nei Technologien, wéi Blockchain a Kryptoaktiva, a kann déi eenzel Acteuren och guidéieren – wat, mengen ech, ganz wichtig ass –, ob a wéi eng bestëmmten Aktivitéit ënnert déi besteeënd Reglementatioun fält.

Ech wëll hei och ënnersträichen, dass d'CSSF iwwert déi lescht Méint eng ganz Rei Guiden an och FAQs – Frequently-Asked-Questions – erausginn huet, verëffentlecht huet. Ech mengen, dat ass och wichtig fir de Marché.

Voilà. Bis viru Kuerzem ass et eebe weeder en europäeschen nach e weltwäit eenheetleche regulatoresche Kader fir d'Kryptoassets ginn. An deene leschte Jore sinn dës Produiten awer net nëmmen ëmmer méi populär ginn – dat hutt Der och mentionéiert –, mee se sinn zousätzlech och ëmmer méi an d'Visiier komm vun de Regulateuren. A verschidde Länner sinn d'Kryptowärungen haut souguer carrément verbueden.

Mee ech mengen, fir eis – an ech mengen, do hu mer och déi selwecht Aschätzung – gëtt et ëmmer méi Opportunitéiten am Finanzsecteur. Mee dofir ass et och ëmsou méi wichtig, d'Risike richteg ze encadréieren.

Mam MiCA-Reglement proposéiert d'EU dann eebe fir déi alleréischte Kéier e Kader, deen europawäit all d'Kryptoassets reguléiert, déi bis dato onreguléiert waren: Dat sinn eeben d'Paymenttokens, d'Utilitytokens. Doriwwer eraus wäert MiCA och Dénegschleeschter am Beräich vu Kryptoassets reguléieren.

Lëtzebuerg begréisst dës nei Reglementatioun. Prinzipiell si mer hei en faveur vun engem europäesche Kader, well dat méi Sécherheet an och méi Kloeerheet schafft au-delà vun engem reng nationale Kader an och potenziell méi Opportunitéite schafft, besonnesch fir eng grenzüberschreidend Finanzplaz. Lëtzebuerg huet déi richteg Viraussetzungen, fir am Beräich vu Kryptoaktiva international matzespillen. An en eenheetlechen EU-Kader wäert eis et eeben och erlaben, dee richteg Rôle hei ze spillen.

Donieft hu mir awer och eng grouss Expertis am Beräich vun de Fongen, e Regulateur – wéi ech mentionéiert hunn –, deen oppen ass fir en Dialog mam Secteur an eng Regierung, déi ëmmer probéiert, zesumme mam Secteur Léisungen ze fannen.

Lëtzebuerg steet Innovatioun wéi Kryptoaktiva also oppe géigeniwwer a wäert dës Innovatiounen weiderhi Schratt fir Schratt begleeten, éischters am Aklang mam europäesche Kader, zweetens zum Schutz vun den Investisseuren a Clienten an drëtts am Interêt vun der Stabilitéit an der Reputatioun vun eiser Finanzplaz.

Fir vläicht och op e puer vun Äre Froen zréckzekommen, déi ech hei nach net adresséiert hunn: Also d'MiCA-Reglement ass net adoptéiert, mee et ass vun

der Kommissioun 2020 proposéiert ginn. De Conseil huet am November 2021 seng Positioun arrétéiert – do wusst ech nach näischt vu mengem Gléck, dass ech haut géif hei stoen – an d'Europaparlament huet dann och vrun e puer Deeg seng Positioun arrétéiert. Dat heescht, do fänken elo d'Trilogen un.

Fir vläicht direkt op déi einfachst Fro ze äntwerten, déi Der och gestallt hutt iwwer First Mover: Ech mengen, et ass evident, dass mer alles drusetzen, fir kënnen e First Mover an dësem Beräich ze sinn. An ech wäert an deem Sënn och mat de Kolleegen am Ministère schaffen, dass dat eis méiglech ass, well ech fannen, dat ass effektiv extreem wichteg.

Dir hutt Sanktiounen ugeschwat. Dat hat ech mer hei opgeschriwwen. D'Acteuren am Beräich zu Lëtzebuerg an och an der EU musse sech natierlech un d'Reegelen halen, och an deem heiten Domän, a mussen déi Sanktiounen, déi gesprach ginn, natierlech uwenen. D'EU, an domat och Lëtzebuerg, huet e legale Kader fir ze assuréieren, dass d'Acteure vum Kryptoberäich sech eeben un Anti-blanchiment-Reegelen, zum Beispill, halen. Ech mengen, dat ass ganz wichteg. Sou muss eeben all Acteur an deem Beräich sech och beim Regulateur enregistrieren a muss domat alles applizéieren, wat och d'Banken an aner Acteuren am Finanzsecteur maachen.

Déi Saach, de Lien Krypto a Sanktiounen, ass effektiv och um G7-Niveau ugeschwat ginn. Et ass och am Kader vun den EcoFin-Ministèren ugeschwat ginn, wou d'Länner sech absolut eens sinn, dass alles muss gemaach ginn, dass Sanktiounen net via Krypto kënnen cour-circuitéiert ginn. Dat ass evident.

Et muss een awer och dozou soen, dass et extreem schwéier ass fir sanktionéiert Leit oder Entreprises, hir Kryptowärungen an offiziell Wärungen ëmzeleeden. Dat ass effektiv ganz schwéier. An ech mengen, et muss een och soen, dass d'Kryptowärungen net wirklech eng effikass Method wären, fir am groussen Stil Sanktiounen ze ëmgoen, sécher net, fir grouss Zommen ze transferéieren. Dat ass extreem schwéier.

Ech ka mech do vläicht och referéieren op dat, wat d'Amerikaner oder d'amerikanesch Finanzkriminalitéitsautoritéite gesot hunn, dass si och keng wirklech Indicationen hunn, dass Sanktiounen géifen am groussen Stil iwwert d'Kryptoassets ëmgaangen ginn. Dat heescht, dat ass eppes, do musse mer oppassen. Do hu mer haut eis Autorité de surveillance en place fir ze kucken, dass do näischt ka falsch gemaach ginn.

Mee voilà, de Risiko ass elo do, well esou héich Montanten trotzdeem e bësse méi komplizéiert sinn an och, well d'Transaktiounen haut awer do relativ einfach kënnen tracéiert ginn.

Wat hat Der nach fir eng Fro? Jo, ech mengen, Dir hat nach d'Ekologiefro. Fläicht e Wuert dozou, well dat effektiv och eng Diskussioun am Europaparlament war. D'Europaparlament hat jo de Vott justement op där Fro ëm e puer Deeg reportéiert. An déi Fro, mengen ech, ass elo dans immédiat, op d'mannst vun der Positioun vum Europaparlament aus, och gekläert. Ech mengen, och dës Industrie – an do ginn ech Iech ganz Recht – muss sech adaptéieren, souwéi aner Technologien och. An ech mengen, hei ass et wichteg, dass mer och d'Innovatioun an d'Technologë fërderen.

Mee ech mengen, wat elo geschitt ... De Conseil huet seng Positioun e puer Méint, wéi gesot, viru menger Zäit arrétéiert. Elo huet d'Europaparlament op deem Reglement seng Positioun arrétéiert. Elo fänkt dann den Trilog un. An ech kann Iech ubidden, wa mer dann elo an deem ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

U, hunn ech schonn ze laang geschwat?



**M. Fernand Etgen**, Président | Nee. Et ass och e bësse vill gespréicheg heibannen. Et ass och dowéinst, wou ech amgaange sinn ze klappen.

(Brouhaha)

**Une voix** | Sch!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mech hätt Der scho rausgehäit.

(Hilarité)

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) | An ech hätt schonn e Brëif vun der Conférence des Présidents kritt.

**M. Fernand Etgen**, Président | O, Här Roth, ech soen do léiwer näischt.

(Hilarité)

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Honorabel Deputéiert, vläicht just da fir ofzeschlëssen: Ech mengen, elo fänken d'Trilogen un. D'franséisch Présidence wëll dësen Dossier ënner hirer Présidence nach clôturéieren. A wann ech dann och méi Informatiounen hunn, wéi déi Diskussiounen am Trilog weiderginn, kommen ech natierlech och ganz gären an d'Cofibus-kommissioun, fir Iech da méi am Detail iwwert déi Gespréicher ze informéieren an a wéi eng Richtung déi da ginn, well ech mengen, ee vun de Sujeten, deen Iech da vläicht do och wäert interesséieren – soen ech elo mol einfach op Basis vu Gespréicher, déi mer d'leschte Kéier, wou ech hei an der Plenië wor, haten –, ass, wéi d'MiCA dann opgestallt ginn oder wéi d'Cryptoassets wäerten opgestallt ginn an der Surveillance.

Voilà!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Finanzministesch. An ech hunn direkt gespuert, den Här Mosar huet nach eng Zousazfro.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo. Merci, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Mosar, wannech-gelift.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | ... merci, Här President. Och merci der Madamm Minister. Ech wëll elo Iech an eis net nach langweilen, andeem ech awer nach op déi eng oder déi aner Fro géif agoen, déi elo net richteg beäntwert ginn ass. Mee fir dat, wéi gesot, net ze maachen, géif ech vläicht dem Här President vun der Finanzkommissioun proposéieren, datt mer eng Kéier géifen en détail dee Sujet mat deem Text och an der Finanzkommissioun diskutéieren, well et ass e wichtege Text.

Duerfir stellen ech Iech elo keng Zousazfroen. Ech wollt awer nach eng Fro wierklech gekläert hunn, well déi awer fir mech wichteg ass: Dat ass wierklech, wat d'Positioun vun der Lëtzebuergescher Regierung hei ugeet. Well am Europaparlament, do war eng relativ hefteg Debatt, an déi Debatt, déi huet sech eigentlech ofgespillt haaptsächlech zwëschen deene Fraktiounen, déi eis nostinn, an dann anere Fraktiounen, déi éischter vis-à-vis stinn. An do war et ganz kloer, datt ganz besonnesch déi gréng, mee net nëmmen déi gréng, och déi sozialistesch Fraktioun, eigentlech sech zimmlech staark opponéiert hunn, datt iwwerhaapt soll eng Regulatioun vu Kryptoaktiva kommen.

An ech mengen, datt dee Match nach net definitiv eriwuer ass, well ech hunn elo nach d'Prise de position vun deem gréng Riedner zu deem Reglement gelies. An hien huet gesot, si géife virukämpfen. Dat wär also nach ..., si géife den Kampf eigentlech nach net opginn. Duerfir géif ech awer gär wëssen, Madamm Finanzminister, well déijéineg Fraktioun sech jo och an Ärer Regierung erëmfannen, ob d'Positioun vun der Lëtzebuergescher Regierung awer hei ganz kloer ass an

ob d'Lëtzebuergescher Regierung am Prinzip mat deem Text, wéi en am Moment virläit, averstanen ass?

**Une voix** | Gutt Fro!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert zrëck un d'Madamm Finanzministesch.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Jo. Ech kann Iech soen, dass d'Lëtzebuergescher Regierung deem Text, deen op der Conseilssäit ass, zougestëmmt huet.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools.

### 3. 7348 – Projet de loi relative aux comptes inactifs, aux coffres-forts inactifs et aux contrats d'assurance en déshérence et modifiant :

1<sup>o</sup> la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ; et

2<sup>o</sup> la loi modifiée du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 7348 iwwert den Assurancëkontrakt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht, an ech géif d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, den honorabelen Här André Bauler.

Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Här President, léif alleguer, et gëtt Situatiounen an den tèschemenschleche Bezéiungen, wou ee sech auserneelieft. Dat ass eng Saach, déi eis warscheinlech alleguer geleeëntlech betrëfft, sech aus den Aen ze verléieren. Dat gëtt et awer net just a politeschen, frëndschaftlechen a romantesch Bezéiungen, mee och eeben a Geschäftsbezéiungen.

E konkrete Fall, deen an deem Kontext vläicht eng Rei vun eis betrëfft, dat ass zum Beispill e Compte courant, deen een als Student eemol am Ausland opgemaach huet. Dir erënnert Iech nach sécher alleguer un Är Studentenzäit, wou Der mam Kapp an de Bicher stoungt an dertëschtent och emol heiansdo méi lëschtteg Momenter hat, mat engem klengen Limoncello. Wann een dann nees zrëck op Lëtzebuerg kënnt, huet ee vläicht ufanks aner Problemer ...

(Brouhaha)

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Ass dat eppes wéi eng Gei?

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | ... wéi déi puer Euro, ...

(Interruption par la présidence)

... wéi déi puer Euro, déi een dann ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | E Limoncello.

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | ... op deem Kont stoen huet, ze rapatriéieren an de Konto am Ausland opzeléisen. Vun haut op muer benotzt een da just nach seng Lëtzebuergescher Handsynnummer an et huet een eng nei Adress. D'Bank muss awer weiderhin enger ganzer Rëtsch vun Obligatiounen nokommen. Si muss wëssen, wien ee Konto huet, wou dës Persoun hire Steiersëtz huet, ob se net op enger kritescher Lëscht steet a sou weider a sou fort. Soubal d'Bank probéiert, un e Client ze kommen, well zum Beispill d'Identitéitskaart geschwënn ofleeft, a si awer net méi un dëse Client kënnt, huet d'Finanzinstitut e Problem.

Léif alleguer, dat doten ass elo ee Beispill, e Student, eng Studentin, dee plënnert, déi plënnert. Et gëtt awer nach aner Fäll, an deenen e Konto kann inaktiv ginn, an natierlech och ganz komplex Fäll. Wat geschitt, wann eng Persoun ouni Ierwe stierft a Konten hannerléisst? Wat geschitt, wann et net ëm e Konto geet, mee ëm e Safe mat engem wäertvollen a sentimental wichtege Inhalt? Oder bei enger Liewensversécherung, ouni datt de Beneficiaire kann ermëttelt ginn?

Eis belsch Noperen a Frankräich hu konkret Äntwerthen op dës Froen an et gëtt Zäit, datt mir eis e legale Kader, eng gesetzlech Rumm fir dës Fäll hei zu Lëtzebuerg ginn.

Dowéinst presentéieren ech Iech haut e Gesetzesprojet zu den inaktiven oder schlofende Konten – „comptes dormants“, wéi dat esou schéin am Franséischen heescht –, Safen a Liewensversécherungen.

En ass de 6. August 2018 deposéiert ginn. En ass also schonn e bësse méi laang hei bei eis am Haus. Dat virun allem, well nach eng Rei Amendementer hu musse gemaach ginn.

Op där enger Säit geet et drëm, den Titularen a Beneficiäre vu gewësse Versécherungen d'Recherche iwwer Konten, Safen a Versécherungskontrakter, déi hinnen zoustinn, ze vereinfachen.

Op där anerer Säit geet et och drëm, déi juristesche Sécherheet fir d'Banken an d'Assurancen ze verstärken, andeems hir Obligatiounen kloer opgeléicht ginn. Ënnert dës Obligatiounen fält zemoos och de Kampf géint de Blanchiment an d'Finanzéierung vum Terrorismus.

De Gesetzesprojet geet op dräi Haaptvoleten an. Éischten: Wéi kann ee verhënneren, datt et zu enger Inaktivitéit kënnt? Also d'Preventioun. Zweetens: Wat geschitt mat den Avoiren, wa kee se an Usproch hält? Also d'Consignatioun. An drëttens, wa bis en Usproch no enger Consignatioun gemaach gëtt: Wat ass déi genee Prozedur, fir d'Avoiren zrëckzeginn? Also d'Restitutioun.

E reegelméisseg Kontakt ass den Haaptmoyen, deen et erlabe soll, datt et net zu esou enger Inaktivitéit kënnt. Wann et awer zu enger Inaktivitéit kënnt, da mussen d'Titulairé respektiv d'Beneficiäre vu Konten, Safen a Versécherungskontrakter oder Assurancëverträge vum zoustännegen Etablissement kontaktéiert ginn. Dat natierlech, fir hinnen ze erklären, wat déi méiglech Repercussiounen, Konsequenzen vun dëser Inaktivitéit sinn.

Wann de Client oder Beneficiaire nawell net reagiert, muss d'Bank zousätzlech Recherche maachen, fir de Kontakt nees hierstellen. Sollt d'Recherche zu kengem Resultat féieren, mussen d'Avoire bei der Consignatiounskeess hannerluecht ginn. Objete mat engem emotionale Wäert mussen fir d'éischt emol 50 Joer nom Ufank vun der Inaktivitéit vun de Banke gehale ginn, éier si d'äerfen hannerluecht ginn. D'Avoire ginn esou laang vum Staat gehalen, bis datt ee se dem Besëtzer nees kann erëmginn respektiv dem Beneficiaire kann ausbezuelen. Wann dat awer net sollt méiglech sinn, geet d'Hallschent vun den Avoiren un de Staat an déi aner Hallschent geet un de Fonds souverain intergénérationnel du Luxembourg.

Wéini dat geschitt, hänkt dovunner of, wat genau bei der Consignatiounskeess hannerluecht ass. Ech preziséieren hei, datt den Délai de prescription fir consignéiert Avoire sech normalerweis op 30 Joer beleeft.

De Gesetzesprojet gesäit och en elektronesch Regëster vir, deen d'Recherche vu consignéierten Avoire vereinfacht.

D'CSSF an de Commissariat aux assurances si responsabel dofir, datt d'Etappe virun enger Consignatioun



fonctionnieren. Fir déi Etappen duerno ass dann d'Consignatiounskeess u sech zoustänneg.

An de Kommissiounssätzungen hunn d'Memberen e puer Punkten opgegraff. Sou huet den honorabelen Här Laurent Mosar zum Beispill d'Fro vum Start vun der Inaktivitéit ugeschwat. Effektiv gëtt an alle Fäll de leschte Kontakt tëscht Client an Etablissement geholl. Hei gouf sech och gefrot, ob dat net ze ëmständlech wier. Mir kruten awer doropshi vu Säite vum Finanzministère versécher, datt d'Banken haut souwisou scho mat Programmer schaffen, déi et hinnen erlaben, den Datum vum leschte Kontakt einfach ze retracéieren. Hei mussen also keng zousätzlech Ustrengunge gemaach ginn.

Doriwwer eraus huet den Här Mosar hannerfrot, firwat d'Monnaie-électronique-Konte vun dësem Projet net betraff sinn. Hei ass d'Iwwerleeung, hei ass d'Räsonement, datt esou Konte fir kleng Montante gebraucht ginn, déi gréisstendeels just transitéieren, fir zum Beispill eng Wuer online ze kafen oder Suen an eng aner Währung ëmzetauschen. Dëse Konten d'Dispositiounen aus dem Gesetzesprojet opzeerleeën, wier net ubruecht, esou d'Vertrieederin vum Finanzministère.

Wat d'Bausparvertrëg ugeet, ass d'Fro opkomm, ob et do net ze komplizéiert wier, fir de Suivi ze hunn, e Suivi, fir d'Inaktivitéit eebe feststellen. Och hei gouf drop verwisen, datt en einfacht Telefonat eigentlech duergeet, fir datt de Kont weiderhin als aktiv kann ugesi ginn. Datt ass iwwerdeems eng gutt Occasioun, fir dem Client säin aktuelle Produit unzepassen oder vläicht nach eppes aneres ze verkafen.

D'Informatiounen, déi un d'Consignatiounskeess muss weidergereicht ginn, sinn och kee weidere Problem, well d'Etablissementer dës Informatiounen souwisou schonn hunn.

D'Beamten aus dem Finanzministère hunn eis och op Nofro vum Här Mosar erkläert, datt d'Consignatioun just ka verweigert ginn, wann d'Etablissement d'Dispositiounen aus dem Text net respektéiert oder déi geliiwert Informatiounen sech als net vollstänneg, net exakt oder carrément falsch erausstellen.

Wann d'Konditiounen bis erfëllt sinn, kann eng nei Demande de consignation gemaach ginn. Mir hunn dat och kloer am Commentaire des articles esou festgehal.

Fir d'Detailer verweisen ech, bien entendu, op mäi schrëftleche Rapport.

Mir kruten en Avis vum Staatsrot, der Chamber de Commerce a vun der Dateschutzkommissioun. De Staatsrot huet a sengem initialen Avis vum Mee 2019 e puer formell Oppositiounen ausgeschat. De Staatsrot huet sech dru gestéiert, datt et eng Consignatiounsflucht gëtt, mee datt d'Consignatiounskeess trotzdeem eng Consignatioun refuséiere kéint. D'Pouvoir vum der Consignatiounskeess hu méi genee misse bestëmmt ginn. De Staatsrot hätt sech iwwerdeems iwwer méi genee Statistiken iwwert déi sougenannt schlofend oder inaktiv Konte gefreet. Doriwwer eraus huet de Staatsrot e puer kleng Ännerungen an och Prezisiounen gefrot fir sécherzegoen, datt d'Zil vum Gesetzesprojet och kéint erreecht ginn.

Dank den Amendementen huet de Staatsrot a sengem zousätzlechen Avis vum November zejoert seng formell Oppositiounen opgehuewen.

Komme mer dann zur Handelskummer. D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum Dezember 2018 d'Zil vum Projet grondsätzlech begréisst. Si freet sech, ob de Projet dat Zil dann och erreecht, vu datt d'Virschreite relativ opwänneg sinn. D'Chambre de Commerce ass, d'selwecht wéi de Staatsrot, géint d'Méiglechkeet vun der Consignatiounskeess, eng

Consignatioun ze refuséieren. D'Delaïen am Gesetzesprojet wiere widderspreechlech an ze komplizéiert, well et der jo verschidder gëtt a well eng Persoun en diversifiéiert Portfolio kann hunn, wou da verschidde Delaie spillen. D'Sanktiounen wieren dann och ze schwéier. Iwwerdeems misst een ënner anerem eng aner Reegelung fanne fir Konten, déi en faveur vu Manerjärege opgemaach ginn an d'Pièce missten och kënnen op Englesch an d'Consignatiounskeess ageerecht ginn.

An hirem zousätzlechen Avis huet d'Chambre de Commerce nach weider Observatiounen gemaach.

D'Dateschutzkommissioun huet un de Prinzip vum der Minimisation vum den Donnéeën erënnert. Et sollen nach just pertinent Donnéeën gesammelt ginn an och gehale ginn. An dat och just sou laang, wéi dat eeben noutwendeg ass. D'Delaïen, déi bestëmmen, wéi laang d'Donnéeën gehale mussen ginn, solle kloer am Gesetz stoen. Och muss kloer gereegelt sinn, wéi déi Daten dann eeben echagéiert, wéi se ausgetosch ginn.

D'Dateschutzkommissioun ass iwwerdeems domat d'accord, datt anonymiséiert Statistiken gemaach ginn. An hirem zousätzlechen Avis begréisst d'Dateschutzkommissioun dann, datt Prezisiounen iwwert d'Donnéeën, déi gesammelt ginn, gemaach goufen. Et gouf och preziséiert, wéi den Echange vun Informatiounen gemaach gëtt. Iwwerdeems gëtt begréisst, datt d'Consignatiounskeess elo kloer als verantwortlech Entitéit fir d'Donnéeën ernimmt gëtt.

Fir all aner Detailer verweisen ech op déi respektiv Avisen.

Ech wier dann um Schluss ukomm. Ech soen op jidde Fall de Beamten aus dem Ministère villmools Merci fir déi gutt a gewëssenhaft Zesummenaarbecht bei dësem Projet. Si hu wierklech versicht, op all déi Froen, déi gestallt gi sinn, souwäit wéi méiglech prezis Äntwerten ze ginn. An ech denken, dat ass jo och richtig a wichteg, datt mer dat seriö an der Kommissioun maachen. Dofir soen ech och jidderengem, deen dozou bäigedroen huet, en häerzleche Merci.

Schlussendlech ginn ech dann awer och am Numm vu menger Fraktioun den Accord. Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur André Bauler.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar.

**Discussion générale**

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo. Ech fänken u mat engem grouse Merci un eise Rapporteur, deen eis, wéi mer dat vun him gewinnt sinn, op eng ganz pedagogesch Aart a Weis e komplizéiert Projet alt erëm eng Kéier am Detail roueg erkläert huet. Ech hunn awer haut nach en zousätzlech Talent an em erkannt: En huet all déi Froen, déi ech wollt stellen, schonn hei ...

(Hilarité)

... gestallt.

**Plusieurs voix** | A!

(Brouhaha)

**M. Laurent Mosar** (CSV) | An nach besser: En huet se direkt ...

**Une voix** | Le grand manitou!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | ... beäntwert, Här Präsident. Duerfir e ganz grouse Merci dem Frënd Änder Bauler.

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Här Mosar, ech vergiessen net, wat Dir an de Kommissiounen alles esou frot a sot.

(Coups de cloche de la présidence)

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Also ech sinn ëmmer erëm erstaunt, wéi gutt Dir mir nolauschtert, Här President. Mee wéi gesot, e ganz grouse Merci.

**Une voix** | Et ass net ze iwwerhéieren!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Dat erspuert mir, dann och nach eng Kéier der Finanzministesch déi selwecht Froen ze stellen.

Ech kann och direkt soen, datt mer den Accord zu deem dote Projet ginn.

Ech hunn allerdéngs e bësse Bauchwéi. Elo manner, wat de Fong vum Projet betrëfft, mee wéinst der Aart a Weis, wéi awer hei mat Avisen, déi zu engem Projet erakommen, ëmgaange gëtt. An den Här Bauler ass jo net nëmmen e grouse Pädagog, mee en ass nach méi e groussen Diplomat. Ech hunn nämlech hei ... Wéi en elo resuméiert huet, wat an deenen Avisa vum der Chambre de Commerce an der CNPD stoung, huet en dat awer op esou eng formidabel diplomatesch Aart a Weis erkläert, datt ee bal kéint mengen, datt esouwuel d'Chambre de Commerce wéi d'CNPD voller Begeescherung par rapport zu deem Projet gewiescht wäeren. An do, entschëllegt, Här Bauler, do muss ech dann awer elo op d'Riednerpult goen, fir dat awer e bëssen ze redresséieren, well Dir hutt et iwwregens ganz gutt an Ärem schrëftleche Rapport geschriwwen. Gelungenerweis hutt Der et awer de Mëtten net an Ärer mëndlecher ...

(Interruption par M. André Bauler)

... Versioun gesot. Dir wollt vläicht och der Madamm Finanzminister net schlecht Laun maachen. Duerfir waart Der, wéi gesot, extra diplomatesch.

Mee wat ech awer dozou wollt soen: D'Chambre de Commerce huet wierklech an engem ganz detailléierten Avis eng ganz Rei vu Recommandatiounen gemaach. Déi Recommandatiounen, déi si quasiment iwwerhaupt net berécksiichtegt ginn. Si hunn dunn an engem Avis complémentaire erëm eng Kéier festgestallt, datt et awer e bëssen traureg wier, datt hir Recommandatiounen herno awer nun null Konsequenz am Ennprojet gehat hätten.

Si hunn dunn an engem Avis complémentaire erëm eng Kéier festgestallt, datt et awer e bëssen traureg wier, datt hir Recommandatiounen awer nun null Konsequenz herno am Endprojet gehat hätten. An ech muss Iech soen, ech hunn du selwer – an den Här President weess dat – eng Rei vun deene Recommandatiounen nach eng Kéier an der Finanzkommissioun presentéiert. An et ass mir do änlech gaange wéi der Chambre de Commerce: Et ass een einfach driwwer ewechgaangen!

An elo weess ech, Madamm Minister, do si Beamten, déi hu vläicht och Instruktiounen. Dat ware vläicht net déi wichtegst Punkten. Et waren awer Punkten, besonnesch déi Propositionen vum der Chambre de Commerce, déi waren äusserst pragmatesch, an do hätt ee wierklech awer op deem engem oder anere Punkt kënnen deene Suggestiounen entgéintkommen.

Ech fannen et einfach kee gudden Stil. Hei si Leit, déi sech Méi ginn, déi studéieren e Projet am Fong, déi maache wierklech exzellente Propositionen, pragmatesch Propositionen, fir e Projet ze verbesseren, an da gëtt einfach hei mam Bagger driwwer ewechgefuert. Ech fannen dat net ganz an der Rei!

A wat mech nach méi stéiert ... Do kommen ech op den Avis vum der CNPD, do ginn eng Rei wierklech pertinent juristesche Froen opgeworf. Déi Froen sinn opgeworf ginn an engem éischten Avis vum Abrëll (veuillez lire: Februar) 2019. Op keng vun deene Froen, op keng vun deene Froen ass geäntwert ginn! Duerno huet d'CNPD



nach eng Kéier déi Froen opgeworf an engem Avis complémentaire. Och op déi Froen ass net geäntwert ginn! An Dir wësst, Här President, ech hunn du gesot, da misste mer awer zumindest eng Kéier elo duerno d'CNPD komme loosssen a mat hinne kucken, wéi dat Gesetz do ëmgesat gëtt.

Ech muss Iech soen, hei geet et ëm Dateschutz, ëm weesentlech Froen, an do kann et net sinn, dass einfach Froen am Raum stoe bleiwen, wou eng Regierung sech emol net d'Méi gëtt ze versichen, op déi Froen ze äntwerten! Dat si Saachen, déi ginn net! An ech géif wierkelech och där neier Ministesch mat op de Wee ginn, dass mer esou net kënnen viruflueren. An et geet hei net ëm eis Fraktioun, et geet och net ëm mech. Et geet hei ëm Leit, déi hir Aarbecht maachen, déi se op eng ganz seriö Aart a Weis maachen, a wann déi einfach do gesot kréien: „Mir fieren hei mam Bagger driwwer ewech!“, ass dat keng gutt Aart a Weis.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar.

(Brouhaha)

An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech wëll och da ganz speziell dem Président-rapporteur, dem André Bauler, fir säi pedagogesche Rapport Merci soen. An ech ginn och den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech wëll vläicht op eng Saach nach hiweisen: Hei mat deem heite Gesetz geet jo, wann d'Avoiren dann un de Staat falen, d'Hallschent dovun un de Fonds souverain intergénérationnel, eppes, wat mir ausdrécklech begrëssen, well déi Suen dann domadder sollen den nächste Generationen zur Verfügung stoen. Dat ass e Fong, wou, mengen ech, ongeféier 500 Milliounen dra sinn, e gëtt zum Deel dann och all Joer iwwert de Budget gespeist.

Ech mengen, déi Fro, déi ee sech trotzdeem muss stelle fir d'Zukunft, ass: Wéi wëllt een an den nächste Jore weidermaache mat deem Fong? Wëllt een dat net vläicht nach méi ausbauen? Dat ass eppes, wat mir op jidde Fall och wichteg ass, compte tenu vun der Generationengerechtheet, dass dat wichteg ass fir déi nächst Generationen, dass mer doranner investéieren.

Mir haten hei am Haus virun enger Zäit eng Motioun gestëmmt, wou et och drëm gaangen ass, fir eebe grad den Approvisionnement vun deem Fong ze erhéien an och am Management méi aktiv ze ginn, eppes, wat och, wann ech et richteg an Erënnung hunn, de fréiere Finanzminister hei gesot huet, dass et am Fong säi Wunsch wär, dass ee méi en aktive Management vun deem Fong géif maachen.

An der Motioun, déi mer och dee Moment gestëmmt haten, ass et och justement drëm gaange fir ze soen, dass mer fannen, dass mer an deem heite Fong, grad wéi am Fonds de compensation, méi gesellschaftlech Responsabilitéit an och Ëmweltresponsabilitéit missen erabréngen a méi Nohaltegkeet. An ech wollt eebe justement d'Finanzministesch froen, wéi si dat gesäit, wat do vläicht zënter deem Moment, wou mer déi Motioun hei gestëmmt hunn, geschitt ass bei dem Fonds souverain intergénérationnel, also wat eebe méi Durabilitéit do ugeet a wat och e méi aktive Management ugeet.

A gläichzäiteg wollt ech froen, ob et net eng Iddi wär, wann och hei – grad wéi mer et och beim Fonds de compensation maachen – e reegelméisseg Rapport

géif gemaach ginn, fir eeben ze kucken, ob mer hei och konform sinn zu onse Klimaziler.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo. Villmools merci, Här President. Ech wëllt och ufänken an dem Här André Bauler fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport villmools Merci soen.

Ech mengen, effektiv, wann een hei déi verschidde Rapporte liest, déi Rapporte vun der Chambre de Commerce, do kann een nëmmen dat confirméieren, wat den Här Mosar gesot huet. Si hunn zweemol geschriwwen, am éischten an am zweete Rapport, dass si de Projet net kéinten approuvéieren. D'selwecht, an enger liicht anerer Form, sinn d'Kritique vun der Datschutzkommissioun.

Dat ass schonn, mengen ech, eng ganz wichteg Saach an deem Sënn, dass ee sech muss froen, ob dat Gesetz awer net misst nogebessert ginn. Et ass sécher gutt, dass et kënnt, dass mer e juristesche Kader schaffen, eebe just, fir do méi Rechtssécherheet ze hunn an engem Domän, wou mer bis elo vläicht net genuch Sécherheet haten, vläicht iwwerhaupt keng a verschiddene Beräicher. Mee mir sollte kucken, ob mer net musse nobesseren iergendwéini, an elo mol kucken, wéi d'Erfarunge sinn. A virun allem sollte mer op de concernéierte Secteur, dee jo iwwert d'Chambre de Commerce seng Observatiounen eraginn huet, lauschteren an da kucken, wéi eng Erfarunge mat deem Gesetz gemaach ginn.

Och an deenen aneren Aweise sinn e puer interessant Aspekter. Ech wëll vläicht just een erausgräifen, deen eis, mengen ech, alleguer staark interesséiert, dass ass den Avis vun Staatsrot. Am éischten Avis vun Staatsrot geet et och ëm d'Affär vun der Spoliation des biens juifs. Ech mengen, dass ass eppes, un dat mer alleguer denken, wa mer iwwert déi Comptes dormants nodenken, wat och nach geschichtlech muss opgeschafft ginn. An de Staatsrot huet mat Recht de Wunsch ausgedréckt, dass dat Gesetz hei eis soll derzou féieren, déi Diskussioun ronderëm d'Spoliation des biens juifs erëm eng Kéier opzegräifen, och nozefroen, wou dat elo drun ass. An dofir wëll ech och vun deser Geleeënheet profitéieren, fir dat ze maachen. Ech mengen, et ass eng gutt Ureegung vun Staatsrot, an ech wëllt déi dann och hei un d'Regierung viruginn.

A gläich dobäi soen ech, dass bei esou Diskussiounen iwwert déi Comptes dormants an esou weider och mam Consistoire israélite muss diskutéiert ginn. Eisen Androck ass, dass deen Dialog tëschent Regierung a Consistoire an dese Froen net besonnesch intensiv war a leschter Zäit. An och do wëlle mer dann d'Regierung encouragéieren, den Dialog ze siche mat deene Leit, déi op jidde Fall haaptsächlech concernéiert sinn an deem Aspekt vun der Fro.

Wéi gesot, et ass e Gesetz, dass mer grondsätzlech begrëssen. D'ADR wäert et och matstëmmen, mat deem Bauchwéi, deen de Virriedner och schonn ausgedréckt huet, well mer den Androck hunn, dass op vill Avisen net genuch, wann iwwerhaupt, gelauschert ginn ass, a mat där Fro un d'Regierung, wat speziell déi jiddesch Gidder ubelaangt, déi eebe leider de Leit ewechgeholl goufen.

Ech soen Iech villmools Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et um honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëst Gesetz, dat huet de

Rapporteur virdru jo och gesot, ass schonn eng Rëtsch Joren an der Maach. An u sech sollt et bei deem Gesetz ëm de ganz einfache Prinzip vum Erhalt vu Konten, materiellem Besëtze a Schlëssfächer goen. U sech. An et sollt eng kloer eenheetlech national Reegellung ausgeschafft ginn, wéini a wéi oft eng Bank oder eng Assurancëgesellschaft da muss no enger inaktiver Persoun respektiv no hiren Nokomme sichen.

Den Här Bauler huet dat – a merci fir de Rapport, Här Bauler – virdrun, wéi gewinnt, ganz pedagogesch erkläert. A mir Piraten begrëssen déi verschidde Schrëtt, déi mat deem Gesetz geholl ginn. Et ginn engersäits kloer Delaie gesat, anersäits awer och kloer Präisser definéiert respektiv Maxima definéiert, an deene muss agéiert ginn. An dass den Zukunftsfong ka vun deem Besëtze profitéieren, wa kee fonnt gëtt, ass prinzipiell och mol gutt.

Mir Piraten wäeren awer frou gewiescht, wann am Gesetz e bësse méi kloer definéiert gi wier, wat Saache mat kulturellem Interêt an historeschem Wäert fir eist Land wieren a wat da mat deene geschitt. Well wann een nämlech kee Besëtzer fënnt, mussen déi an eisen Aen als Éischt emol an e Musée oder, am Fall vun de Besëtzeren vun de jiddesche Matbirgerinnen a Matbirger aus dem Zweete Weltkrich, un d'Fondation pour la mémoire de la Shoah goen. Et kann nämlech net sinn, grad wann et ëm Kulturgidder geet, ëm Konschtwierker vun engem nationalen Interêt, dass déi herno an iergendengem Konferenzraum vun engem Ministère opgehaange ginn an net alle Biergerinnen a Bierger am Musée zougänglech sinn. Ech mengen, dass ass deen ee Volet.

An ech wëll dann awer och hei soen, an dat gouf virdrun och scho gesot, dass mer d'Niewebemierkung vun Staatsrot kloer deelen, dass dat iwwert d'Enteegung vun de jiddesche Matbirgerinnen a Matbirger während dem Krich nach vill Opklärungsarbecht ze maachen ass an dass mer genau sou wéi de Staatsrot hoffen, dass dëst Gesetz derbäi hëllef kann, engersäits déi Fongen ze fannen an anersäits déi Fongen dann awer och enger Verwendung zoukommen ze loosssen, déi am Interêt vun dese Leit gewiescht wär. De Schued kann een net méi guttmaachen, mee et kann een awer zumindest derfir suergen, dass de Schued net nach méi schlimmer gëtt!

Mir Piraten, dat hat ech gesot, fannen et och gutt, dass mer déi Grenz vun deenen 100 Euro drageschriwwen hunn, fir dass een, wann een nëmmen 100 Euro op engem Kont hat an deen ass „dormant“ an da gëtt herno duerno gesicht – déi Käsche gi jo séier iwwer 100 Euro eraus –, dann net op eemol virun der Situation steet, dass déi lescht „Kröten“, déi een hat, net nëmme fort sinn, mee dass een och nach eng Rechnung geschéckt kritt vun der Bank, déi verzweifelt probéiert huet, een ze fannen. Bon, dat setzt virus, dass d'Bank ee fënnt. Mee glécklecherweis sollt een net bestrooft gi just doduerjer, dass d'Bank hire Fichier net à jour gehalen huet.

Leider stelle sech eis awer och Froen, genau wéi der Chambre de Commerce an der CNPD. An do deelen ech dem Laurent Mosar seng Interpretatioun vum Rapport, wou den Här Bauler, mengen ech, awer probéiert huet, relativ kritesch Aweise relativ schéin ze verpacken. Mir deelen, dass et do awer nach e puer oppe Froe gëtt, a virun allem Froen, wat den Datschutz ugeet, well sech elo hei op d'Gesetz vun 2004 zum Anti-blanchiment ze bezéien, wat d'Datschpacherung ugeet, e Gesetz, wat virum RGPD do war, ass awer eng Deengung vun deem, wéi mir den Datschutz zu Lëtzebuerg géife gesinn. A mir hätten eis hei definitiv gewënscht, dass een eng méi zolidd Basis fonnt hätt an domat och den Datschutz gestärkt hätt. An déi laang Delaie vu bis zu 50 Joer, wou Saache kënnen gehale ginn, sinn



an eisen Aen net proportionéiert zu deem, wat mer u sech hei wëllen erreechen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat Gesetz hei mécht eis et net einfach. Engersäits si Saachen dran, déi absolutt Sënn maachen. Mir brauchen dat Gesetz. Mir sinn der Meenung, datt et eppes ass, wat néideg ass an u sech gutt Basissen huet. Et huet e gutt Skelett, muss ee soen, dat Gesetz. De Problem ass, datt et awer och eng ganz Rëtsch Punkte gëtt, déi ech elo grad opgezielt hunn, déi eis net esou gutt gefalen a wou mir awer mengen, datt et e bessert Gesetz hätt kënne ginn. An dofir wäerte mir eis da bei dësem Gesetz och enthalten.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzminister Yuriko Backes. Madamm Backes, Dir hutt d'Wuert.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, merci och dem Här Bauler fir säi ganz exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Aktuell sinn déi sougenannte „schlofend“ oder „inaktiv“ Konten a Coffre-forten a Liewensversécherungskontrakter „en déshérence“ zu Lëtzebuerg duerch den Droit commun an déi betreffend kontraktuell Bestëmmunge regéiert. Mat dësem Gesetzesprojekt, wéi den Här Bauler dat och am Detail beschriwwen huet, wëllt Lëtzebuerg sech e spezifesch gesetzleche Kader schaffen.

Eise Projet orientéiert sech ganz enk un de Gesetzer vun eise belschen a franséischen Noperen. Awer och aner Länner hu schonn an dësem Kontext legiferéiert: Italien, England, Irland souwéi och d'Schwäiz. Laut engem KPMG „Dormant Assets Report“ vun 2018 haten zu deem Zäitpunkt, wéi och den heite Gesetzesprojekt agereecht ginn ass, scho 46 % vun den OECD-Länner entsprechend Reegelen. Bis op Däitschland hunn aktuell schonn all d'G7-Länner eng gesetzlech Reegelung fir schlofend Konten. Den Däitsche Bundesrat huet eréischt d'lescht Woch e Gesetzesprojekt iwwer „herrenlose Konten“ beschloss – et kéint och „damenlose Konten“ sinn, ...

(Hilarité)

... „herrenlos“ kléngt e bësse komesch –, deen eeben dann elo och eréischt an Däitschland an d'Prozedur geet.

Et ass émsou méi ze begrëssen, dass dëse Gesetzesprojekt haut kann hoffentlech votéiert ginn, well dëst Joer eisen Dispositif fir d'Bekämpfung vu Geldwäsch an Terrorismusfinanzéierung vum GAFI wäert ënnert d'Lupp geholl ginn. Dëst Gesetz spillt do natierlech eng wichteg Roll, well schlofend Konten am Beräich vum AML (ndlr: Anti-Money Laundering) effektiv méi e grouse Risiko duerstellen.

Den initiale Gesetzesprojekt wéi och d'Amendementen sinn a kontinuéierlecher Consultatioun mam Justizministerium wéi och dem Parquet an der CRF, der CSSF an dem CAA geschriwwen ginn, a mat de Verrieder vun de Banken an de Versécherungsgesellschaften ABBL an ACA, well si sinn et natierlech, déi bei der praktescher Uwendung an der éischer Linn wäerte stoen.

Parallèl zu den Aarbechten um Text huet den informatesche System vun der Tresorerie nach mussen adaptéiert ginn, fir d'Gestioun vun de Consignations-, Informations- an och Restitutiounsfroe via eng geséichert elektronesch Plattform ze garantéieren.

Dës Aarbechte goufen an enker Zesummenaarbecht – ech mengen, dat ass och ganz wichteg – mat de Banken an de Versécherungsgesellschaften duerchgefouert, déi och op hirer Säit déi néideg technesch Infrastruktur musse kënne ubidden.

D'Objektiver vum Gesetz huet den Här Bauler exzellent beschriwwen. Déi Haaptvoleten vum Gesetzesprojekt huet den Här Bauler exzellent beschriwwen. Och den zäitlechen Ofaf, deen e bësse komplizéiert ass, huet den Här Bauler beschriwwen.

**Une voix** | Exzellent.

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** | Exzellent beschriwwen.

(Hilarité)

Ech mengen, vläicht just nach déi eng oder déi aner Saach, wann Der erlaabt. Des Weidere gëtt et awer och eng Ausnam zum aktuelle Prinzip vun der Prescription acquisitive bei der Hannerleeung beim Staat, déi integral en faveur vum Staat ass. 50 % vun den Avoiren, déi am Kader vun dësem Gesetzesprojekt deposéiert ginn, ginn un de Fonds souverain intergénérationnel. An do wollt ech just dem Här Benoy soen, dass ech mengen, datt dat effektiv eppes ass, wou een och soll weider driwwer schwätzen.

Déi dräi Haaptacteuren, déi fir d'Uwendung vun dësem Gesetzesprojekt verantwortlech sinn, sinn d'CSSF, d'CRA (ndlr: cabinet de révision agréé) an d'Caisse de consignation. D'CSSF an d'CRA hunn d'Kompetenz fir d'Iwwerwaachung vun allen Etappe virun der eigentlecher Consignatioun, déi da vun der Caisse de consignation gehandhaabt gëtt.

Fir Titularen a Beneficiairen d'Sich no consignéierten Avoiren ze vereinfachen a fir d'Restitutioun dovunner kënne ze froen, gesäit de Gesetzesprojekt och d'Grënnung vun engem zentraliséierten elektronesch Regëster fir d'Consignatiounen ënnert dësem Gesetz vir. Persounen, déi e Recht op deposéiert Avoire kënne beweisen, kënne eng Ufro maachen, fir eng Informatioun ze kréien iwwert d'Entréeën am Regëster, an ech mengen, och dat ass e ganz wichteg Volet.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, dat heiten ass e ganz wichteg Gesetz. Et ass véiermol an der Cofibu abordéiert ginn, diskutéiert ginn. Ech hunn och d'Commentairen, wat d'Avisen ugeet vun der Chambre de Commerce a vun der CNPD, gutt notéiert. Ech mengen, vu menge Beamte kréien ech gesot, dass déi schonn am Detail diskutéiert gi sinn. Déi sinn a ginn a mussen och seriö geholl ginn.

Ech wäert och derfir suergen, dass dat esou bleift, well ech mengen, Dir hutt ganz Recht, wann Der sot, do wier ganz vill Aarbecht dran. A vill vun hire Punkte sinn och ganz legitim. Aus deem engen oder anere Grond – an den Diskussiounen mat den Deputéierten a mat de Ministèren – sinn déi vläicht nach net all zréckbehalen ginn, mee ech mengen, hei hu mer e ganz gudden Text.

An ech soen Iech Merci fir d'Ënnerstëtzung an och Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Finanzminister Yuriko Backes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7348. Den Text steet am Document parlementaire 7348<sup>8</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7348 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen dann zum Vote par procuration.

Ech hat vergiess ze soen, datt ee sech op sengem Posten alogge muss, wann ee wëllt mat ofstëmmen.

De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentatiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Félix Eischen), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Max Hengel), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## **4. Question élargie n° 134 de Mme Djuna Bernard au sujet du fonctionnement des offices sociaux au Luxembourg**

Mir kommen elo zu der erweiterter Fro Nummer 134 vun der Madamm Djuna Bernard iwwert de Fonctionnement vun den Offices sociaux. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President, Madamm Ministesch, dem Lëtzebuerger Sozialstaat säi Modell ass zu Recht een, op dee mer houfreg kënne sinn. Mir hu sëllegen Outilen, Stellschrauwen, Mechanismen, fir Sozialtransferte sécherzestellen, fir Mënsche mat Saachleeschungen ze ënnerstëtzen, fir cibléiert finanziell Hëlfelefen do ze ginn, wou se am dréngendste gebraucht ginn. Mir hunn Outilen wéi de REVIS, d'Allocation de vie chère, eise Mindestloun, den Index, d'Kannergeld, déi do sollen ënnerstëtzen an agéieren, wou e Mënsch oder eng Famill e staarke Staat brauch.

Mir hunn dëse System iwwer laang Joren opgebaut an ausgebaut. Et ass d'Lëtzebuergeresch Äntwert, fir solidaresch ze sinn, fir sozial Gerechtegkeet ze schaffen.

An nieft dësen Aidë brauche ganz oft déi vulnerabelst Mënschen aus eiser Gesellschaft mënschlech Hëllef, Hëllef bei Administratiounen, Hëllef bei Demanden an och Hëllef bei Urgenzen. Si brauchen dat am Lokalen, bei Ausgaben, déi se net eleng stemme kënne. Si brauchen dann och emol dat néidegt psychosoziaalt Encadrement. Dës Missiounen hunn eis



30 Office-socialen am Land, mam Zil, d'Aarmut ze bekämpfen a géint d'Exclusion sociale virzegen.

Mam Gesetz vun 2009 gouf de Fonctionnement vun den Office-socialle grondleeënd geännert. An dëst hat evidententerweis en Impakt op d'Beneficiairen, op d'Personal vun den Office-socialen, mee och op déi vill Benevollen an de Conseil-d'administratiounen an natierlech och op déi jeeeweileg Gemengen.

2019 hat de Ministère eng Evaluatioun vum Gesetz an Opdrag ginn, wat ënnert der Leedung vum Professor Willems vun der Uni Lëtzebuerg ëmgesat gouf. Duerch vill qualitativ a quantitativ Enquête mat de Beneficiairen, de Mataarbechter an de Benevollen aus dem CA, sinn dobäi eng Rei wichteg Erkenntnisser erauskomm.

E ganz wichtegt Resultat awer vläicht virewech: Eng ganz héich Zuel vu Beneficiairen ass zefridde mam Accueil an der Prise en charge souwéi den Hëlfe, déi si kritt hunn. Um Niveau vun de Mataarbechter gëtt sech staark mat hirer Missioun identifizéiert, wat en Impakt op hir Motivatioun huet. An allgemeng ass d'Professionaliséierung vum Secteur duerchaus positiv empfunnt ginn an dat ganz Gesetz huet am Fong eng ganz Rei Verbesserungen mat sech bruecht.

E puer Recommendationen gëtt d'Etüd awer mat op de Wee. Déi Éischt schéngt mer evident, an zwar, dass d'Raimlechkeete vun den Office-socialen adequat an accessibel musse sinn. Déi nächst, an déi erfuerdert d'Koordinatioun vum Ministère, ass déi, dass eng eenheetlech Dokumentatioun gemaach gëtt an déi néideg Outilen heifir mussen zur Verfügung gestallt ginn, dëst, fir d'Aarbecht tëscht den Office-socialen ze verbessern an ze vereenheetlechen an déi selwecht transparent Prozeduren an d'Dokumentatioun vun der Aarbecht ze gewärléischen.

Och um Niveau vun der Harmonisatioun vun den Aidë misst hei eng besser Koordinatioun hiergestallt ginn, sou seet d'Enquête. An d'Etüd verweist och drop, dass nach ëmmer Prestatiounen tëscht de verschiddenen Office-socialen ënnerschiddlech gehandhaabt ginn.

D'Zesummenaarbecht tëscht den Acteuren, also ënnert den Office-socialen, mee awer och mat de Gemengen, de Sozialträger a verschiddenen eenzelne Ministère, wéi beispillsweis der Immigratioun an der Integratioun vu Refugiéen, do ass och nach e bësse Verbesserungsbedarf, an eng besser Vernetzung a Plattformaarbecht ass erwünscht.

Dee gréisste Punkt, deen an der Etüd awer opgewise gëtt an deen d'Entente vun den Office-socialen och schonn e puermol ervirgehuewen huet, ass de Personalschlüssel vun de Strukturen. Dësen ass am Gesetz op een Employé op 6.000 Bierger/inne fixéiert. Den aktuelle System mécht also keen Ënnerschied tëscht der soziodemografescher Realitéit vun de Gemengen. D'Etüd proposéiert e Modell, deen den Indice socio-économique vun de Gemengen en compte hält, fir natierlech dann deementspriechend de Personalschlüssel kënnen ze fixéieren, dëst mam Zil, der reeller Aarbechtscharge méi nozekommen a Leit do anzustellen, wou eng méi héich Unzuel u Beneficiairen an den Office social erakënnt. Hei geet et ëm net méi an net manner wéi dorëms, dass déi Leit, déi Hëlfe froen, se schnell kréien an d'Mataarbechter an den Office-socialen déi néideg Zäit a Qualitéit kënnen opbréngen, fir déi benéidegt Hëlfestellungen ze ginn.

Ech kommen dann elo zu menge Froen un d'Madamm Ministesch: Wéi schätzt Dir d'Etüd vun der Uni Lëtzebuerg an? Hat Dir iwwert d'Konklusiounen en Austausch mat der Entente vun den Office-socialen? Wéi eng Perspektive gesitt Dir, fir d'Vernetzung an d'Harmoniséierung vun den Office-socialen ze verbessern? Gëtt de Ministère do Direktiven eraus? Wéi kann d'Aarbecht vun den Office-socialen um Niveau vun

de Ressources humaines gestärkt ginn, besonnesch mam Risk vun ëmmer méi zukünftege Beneficiairen, déi natierlech forcement duerch d'Präisdeierecht, déi mer am Moment erliewen, ze anticipéieren ass? Also, ginn d'Effektiver gestärkt? An zu gudder Lescht: Wéi eng konkret Formatioun bezéiungsweis Kommunikatioun gi vum Ministère eraus, fir d'Aarbecht vun den Office-socialen ze ënnerstëtzen, fir dass si déi néideg Informatiounen iwwert déi nei Aidë kënnen kréien an och schnell un déi concernéiert Leit kënnen weiderginn?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Bernard. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Familljeminesch Corinne Cahen. Madamm Cahen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Villmools merci, Här President. Fir d'Éischt géif ech gären der honorabeler Deputéierter Djuna Bernard villmools Merci soe fir d'Fro. Ech denke mer, dass dat ëmmer d'actualité ass. D'Office-socialle gi gebraucht. Se ginn iwwerall am Land gebraucht. An am Moment si se jo natierlech nees ganz am Fokus mat der Kris, och wa si net direkt an éischter Linn eppes domadder ze dinn hunn, och net, fir de Leit elo ze hëlfe.

Ech sinn och ganz frou, dass Dir op déi eenzel Recommendationen vun der Etüd zrëckkomm sidd, well ech mengen, soss géif mir haut d'Zäit net duergoen. Dir hutt se allegueren opgezielt. An et ass esou, dass jo aus der Etüd am Fong erauskënnt, dass 89,2 % vun de befroete Leit zefridde si mat der Ënnerstëtzung, déi se vum Office social kréien. An tëscht 75 % an 79 % vun de Professionelle soten, se géifen ënner gudder Konditiounen schaffen. Ech mengen, dat seet scho ganz vill aus. Mee et gëtt ni eppes, wat perfekt ass, an et kann ee ganz sécher Saache besser maachen.

Dir hutt als éischt Fro d'Harmoniséierung vun den Office-socialen ugeschwat, ob mir do Direktiven als Ministère rausginn. Nee, do gi mer keng Direktiven als Ministère eraus, well d'Office-socialen an d'Assistant-socialen an den Office-socialle musse kënnen fräi schaffen. Et geet jo grad drëms, Leit a verschiddene Situatiounen ze hëlfe; verschiddene Leit a verschiddene Situatiounen, déi a verschiddene Menagé sinn, déi verschidde Problemer hunn, ze hëlfe. An do muss et natierlech ëmmer ganz cibléiert sinn. An dat ass natierlech och eng grouss Responsabilitéit fir deen oder déi Assistant/e social/e, deen/déi am Office social schafft. An et ass richtig, dass dat net ëmmer uniform ass. Dat heescht, den Assistant social, dee proposéiert am Fong eng Hëlfe, an et ass jo dann awer de Conseil vum Office social, deen dann déi Decisioun approuvéiert oder net.

Intern Reegelen sinn natierlech erlaabt. Mee mir ginn awer vum Ministère keng Direktiven eraus, well einfach d'Problematiken esou ënnerschiddlech sinn. Dir hutt vun de verschiddene Regiounen geschwat. Dat ass alles esou ënnerschiddlech, déi Problematiken, dass et schwéier ass, do uniform Reegelen auszeginn. Et ass och schwéier, genau ze wëssen: Ass dat elo deen nammlechte Problem oder ass dat net deen nammlechte Problem, vläicht een am Norden an een am Süden? Vläch ass awer iergendeng Donnée eng aner, soudass de Problem net méi genau deen nammlechten ass.

Dir frot, wéi d'Aarbecht vun den Office-socialen um Niveau vun de Ressources humaines ka gestärkt ginn, besonnesch mam Risk vu méi zukünftege Beneficiairen duerch d'Präisdeierecht. Bon, éischters, bis elo, hunn d'Office-socialle gesot, hu se net méi Beneficiairen, déi bei se kommen. Se hunn net méi Demanden. Dat heescht, mir mussen dat souwisou kucken. Mee de

Personalschlüssel ass am Fong eng interessant Fro, well se ëmmer nees gestallt gëtt. An ech denken och, dass do an Zukunft an engem Koalitiounsaccord eng Kéier muss iwwert d'Gesetz vun 2009 geschwat ginn. Dat muss op de Leescht geholl ginn. Ech wëll awer och soen, dass mer nach ganz gutt domadder schaffen.

De Personalschlüssel ass effektiv, wéi Dir gesot hutt, am Gesetz virgesinn. Nichtsdestotzotz kënn Der awer och méi Leit astellen. D'Gemeng därerf zum Beispill eng Konventioun hu mam Office social. De Staat kann eng Konventioun hu mam Office social. Dat hu mer och gemaach. No 2015, wou d'Bénéficiaires de protection internationale komm sinn, hu mer gesot, si dierften zousätzlech Personal astellen. Déi ginn 100 % vum Staat iwwerholl, déi Leit. Et sinn och am Moment, mengen ech, fënnf Gemengen, déi dovunner profitéieren. Ech kéint dat nosichen. Et sinn, mengen ech, Esch, de Resonord an dann – ech hunn et elo fonnt – d'Nordstad, d'Stad Lëtzebuerg a Suessem, déi vun deem Schlüssel profitéieren. Well se Bénéficiaires de protection internationale bei sech wunnen hunn, hu se esou eng Konventioun vu Bénéficiaires de protection internationale, wou se nach eng Kéier eebe Leit bäikréien, fir sech da speziell ëm déi Populatioun ze këmmere, well déi nach eng Kéier aner Problematiken hunn, well déi nach eng Kéier mat anere Froen kommen. An do, mengen ech, brauch een da méi Manpower.

Dat, fir ze soen, dass et och haut scho méiglech ass, dat duerch eng separat Konventioun ze maachen. Et sinn och Gemengen, déi dat maachen, zum Beispill wa se den Office social froen, fir sech ëm Sozialwunnengen ze këmmere. Da kënnen se de Personalschlüssel eropsetze respektiv selwer Personal do bezuelen, fir dass méi Leit do sinn, fir se ze encadréieren.

Mee nichtsdestotzotz ass awer haut, am Joer 2022, d'Welt eng aner wéi 2009, virun allem, wat d'Office-socialen uegt. An dofir géif ech derfir plädéieren, jiddwerengem un d'Häerz leeën, dass – leider – no deenen nächste Walen, wa Koalitiounsverhandlungen sinn, egal wien dat ass, dass een dat soll an de Koalitiounsvertrag schreiwen, fir dat Gesetz eng Kéier op de Leescht ze huelen, och en vue vum Personalschlüssel, natierlech.

Wéi eng konkret Formatioun respektiv Kommunikatioun gi vum Ministère eraus, fir d'Aarbecht vun den Office-socialen ze ënnerstëtzen? Ma do gi ganz verschidde Kommunikatiounen eraus. Mir kënnen awer do besser ginn a mir sinn amgaangen, drun ze schaffen. Mam SIGI si mer amgaangen, un engem neien informatesche System ze schaffen. Do geet et och ëm d'Kommunikatioun tëscht dem Ministère an den Office-socialen, mee et geet och drëms, d'Informatiounen an déi aner Richtung ze kréien. Well wann Dir frot, fir de sozioekonomesche Facteur zum Beispill vun enger Gemeng oder vun enger Regioun ze definéieren, da musst Der dat jo och iergendwou un eppes festmaachen. Dat heescht, et muss ee jo awer schonn d'Donnéen och erakréien an net nëmmen dem Bauch no, dem Häerz no oder Pi mal Daumen rechnen, mee dann, mengen ech, muss déi Kommunikatioun och esou sinn.

An dofir si mer amgaang, mat den Office-socialen zesummen ze kucken, en neie Programm, SIGINOVA, opzestellen, éischters, fir d'Kommunikatioun tëscht eis an de verschiddenen Office-socialen. Am Moment, wa mir eng Kommunikatioun ze maachen hunn, maache mer et iwwert d'Presidente vun de Conseil-d'administratiounen, déi d'Informatiounen da weiderginn.

Mir maachen och Formatiounen. Zum Beispill beim REVIS-Gesetz hu mer Formatiounen gemaach. Mir hu Formatiounen gemaach bei der Energieberodung. Mir maache Formatiounen am psychosoziale Beräich. A wann d'Office-socialen e Besoin hu fir eng



Formation, da brauche se ons dat just ze soen an da kucke mir, dass mer zesumme mat eise Partner, ewéi zum Beispill mam INAP, déi Formation an de kenne unzibidden. Einfach well, mengen ech, Weiterbildung awer eppes ganz, ganz Wichtiges ass fir d'Sozialarbechter, fir déi, déi am Alldag am Office social schaffen.

Wéi gesot, de SIGINOVA, deen neien informatiesche Programm – mat deem ale ware mer net ganz zefridden, ginn ech zou –, si mer eben amgaangen, mam SIGI op d'Been ze stellen. Dat ass awer net ganz einfach, well do einfach immens vill Donnéeën materakommen. An dofir ass et ons wichtig, dass mer dat dee Moment och zesumme mat den Office-socialen maachen, fir dass si ons och soen, wat si brauchen. An da kréie mer vläicht – oder hoffentlech – och emol Donnéeën, unhand vun deenen ee ka vergläichen, wéi vill Clienten vläicht bei deem engen oder bei deem anere sinn.

Ech erënnere just eng Kéier drun, dass déi meeschte Leit, déi bei en Office social ginn, net dohinner ginn, fir Suen ze kréien. Déi meeschte Leit, déi bei en Office social ginn, ginn dohinner, fir eng Informatioun ze kréien, fir geholfen ze kréien, e Formulaire auszufüllen, zum Beispill. Fir ze wëssen: Wou froen ech elo zum Beispill vläicht meng Aide au logement un? An dofir ass et ëmsou méi wichtig, och ëmmer nees déi nei Gesetzter, déi nei Saachen un de Mann oder un d'Fra ze bréngen an den Office-socialen, dass mer do Formationen ubidden, dass d'Informatioun och funktionéiert. An ech hoffen, dass dat mam neie Programm SIGINOVA dann nach vill besser wäert sinn an dass mir do och dann Informatiounen kenne kréien iwwer déi Hëllef, déi geleescht ginn. An dass een da vläicht emol kann ufänken, awer besser ze vergläichen.

Mee netdestotz bleibt et dobäi, dass et eng individuell Hëllef muss sinn. Et si lauter eenzel Établissementen, déi Office-socialen, déi selwer Decisiounen huelen. An et muss och kenne eng ugepassten Hëllef sinn. An dofir sinn déi Leit och ausgebild, déi do schaffen, d'Assistant-socialen. Et ass richtig, dat ass eng ganz grouss Responsabilitéit, mee wann een eng grouss Marge de manoeuvre huet, dann huet een och eng grouss Responsabilitéit. Ech mengen, dat eent geet net ouni dat anert. Mee si hunn nach ëmmer dee Puffer, well de Conseil jo dann awer d'Decisiounen muss guttheeschen, wa se bis geholl sinn. An ech mengen, och do gesäit een dann emol, wann eppes net esou funktionéiert, wéi et soll funktionéieren.

Just nach – ech mengen, ech hat déi alleréischte Fro nach verpasst, wéi d'Konklusiounen an den Austausch waren –: Mir hunn do natierlech d'Etüd ... D'Uni huet se selwer den Office-socialen virgestallt, nodeems ech se och an d'Kommissioun virstelle komm sinn. Dat heescht, si krute se alleguerter virgestallt. Dir hutt d'Recommandatiounen aus där Etüd alleguerter opgezielt. Verschidde Recommandatiounen huele mir ons absolut zu Häerz, anerer mussen d'Gemenge sech zu Häerz huelen.

Dir wësst, dass d'Gemenge sech ëm d'Gebäilechkeete vun den Office-socialen këmmen. De Staat iwwerhëlt de Loyer, wann e Loyer ufält. Mee et sinn awer d'Gemengen, déi do d'Accessibilitéit mussen garantéieren. A wa se net garantéiert ass – well och dat kënnt vir, dass nach Träpen, zum Beispill, do sinn oder dass eppes net esou accessibel ass, wéi et soll sinn –, da kenne d'Assistant-socialen sech natierlech och op den Terrain deplacéieren, mol bei een heem oder esou. Si sinn do ganz flexibel, fir dann och mol bei d'Leit heem kenne ze goen, wann et net accessibel ass. Mee mir hunn d'Accessibilitéitsgesetz gestëmmt an an Zukunft soll souwisou alles, wat fir de Public zougänglich ass, accessibel ginn. Mee och dat geet net vun engem Dag

op deen aneren. An duerfir wäerte mer dann all zesumme weider dru schaffen, dass mer eng accessibel Welt wäerten hunn.

An duerfir, Här President, géif ech dann domadder och direkt d'Bréck op d'Accessibilitéit vun den Internetsitten maachen a géif dann der honorabler Madamm Simone Asselborn-Bintz, mengen ech, hei d'Pult iwwerloossen. Ass dat esou an der Rei?

Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools der Madamm Familljeministesche Corinne Cahen.

## 5. Question élargie n° 135 de Mme Simone Asselborn-Bintz au sujet du langage simplifié

Da kéime mer dann, wéi gesot, un déi erweidert Fro Nummer 135 vun der Madamm Simone Asselborn-Bintz iwwer d'vereinfaacht Sprooch. Madamm Asselborn-Bintz, ...

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) |** Merci, ...

**M. Fernand Etgen, Président |** ... Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) |** ... Här President, merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, den Internet ass effektiv haut net méi aus eisem Lieben ewechzedden. Den Internet vernetzt weltwäit iwwer 4 Milliarde Mënsche mateneen a bréngt eng sëllege gesellschaftlech Virdeeler mat sech.

Den Internet ass haut also eng Extension vun der reeller Welt a vun eiser Gesellschaft. Dësen digitalen öffentliche Raum ass awer net fir jiddereen d'selwecht einfach zougänglich. Während mir an där reeller Welt mat Barriärefreiheet jo scho méi familiariséiert sinn, gëtt heefeg vergiess, dass awer och am digitale Raum Barriäre lauer, déi Mënschen ouni Aschränkungen iwwerhaupt guer net opfalen.

Dës digital Barrière kenne verschidde Formen unhuelen a sproochlecher, sensorischer a kognitiver Natur sinn. Digital Barrière sinn esou verschidde wéi d'Persounen, fir déi den Internet net ëmmer accessibel ass. Persounen, déi mat dësen Barriären konfrontéiert sinn, sinn zum Beispill: Eiler Leit, déi Schwierigkeiten hunn, sech am Internet erëmfannen. Mënschen, déi net gutt gesinn, blann sinn oder eventuell faarwebblann sinn. Mënschen, déi motoresch Schwierigkeiten hunn an dowéinst Problemer hunn, en Handy oder eng Maus ze bedéngen. Mënsche mat geschtege Behënnerungen oder och nach Mënschen, déi net alphabetiséiert sinn.

Fir d'Navigatioun vum Internet net nëmme fir dës Persounen, mee fir jiddereen méi einfach ze maachen, spillen den Design, d'Programmierung an de Sproochgebrauch eng zentral Roll. Konkreet ass dat zum Beispill e staarke Kontrast tëschent Schrëft an Hannergrond oder d'Hannerleed vu sougenannten Alt-Texten, déi vu Software fir blann Mënschen erkannt kenne ginn, fir zum Beispill e Bild ze beschreiwen, oder eeben och nach d'Leichte Sprache, déi Informatiounen mat méi einfachem Vocabulaire a méi kuerze Sätz vermittelte.

Den Ofbau vun dësen digitale Barriären an de sougenannten „Design for all“ gehéiere fir mech an och fir meng Fraktioun – ech mengen, jo bal fir jiddereen – an déi selwecht Kategorie wéi eventuell Rampen, Rollstühl oder nach aner akustesch Signaler bei roude Luuchten, déi de Mënsche mat Behënnerungen den Alldag an der physischer Welt dacks scho méi einfach maachen.

Eng barriärefrei Internetsäit ass fir jiddereen méi einfach ze benotzen. An eréischt, wann den Internet fir

jiddereen zougänglich ass, kann d'Participatioun vun der ganzer Gesellschaft garantéiert ginn.

Ech begrëssen dann och deen neie Projet de loi 7975, dee jo d'lescht Woch deposéiert ginn ass an deen d'EU-Direktiv ëmsetzt, déi fir méi Accessibilitéit bei Produiten a Servicer soll surgen an Enn Juni 2025, mengen ech, a Kraaft soll trieden.

Ee Beräich, dee mir besonnesch wichtig ass an deen och am Koalitionsaccord festgehal ginn ass, ass dee vun der Leichte Sprache. Am Koalitionsaccord steet, dass déi offiziell Internetsäite vun den öffentlichen Administratiounen sollen duerch verschidde Sproochen an eng einfach Wortwahl fir jiddereen einfach verständlech an zougänglich sinn.

Voilà. Da meng éischt Fro: Wéi ass et haut mat der Accessibilitéit vun den Internetsite vun der Regierung? Si se och fir Persounen, déi een Handicap hunn, déi zum Beispill blann sinn, adaptéiert?

Doriwwer eraus sinn jo dann och am nationalen Aktionsplang 2019–2024 fir d'Ëmsetzung vun der UNO-Konventioun fir Persounen mat Handicap vun 2006 eng Partie Objektiv a konkret Aktiounen festgehal ginn, fir d'digital Inklusioun ze verbessern. Beim Kapitel iwwer d'Sensibilisierung ass virgesinn, dass am Kader vun der Ëmsetzung vun dëser EU-Direktiv zur Accessibilitéit vum Internet Informatiounsversammlungen a Formationen sollen organiséiert ginn, fir d'Personal vum TIC, also vun den Technologies de l'information et de la communication, an och aner Persounen, déi mat handicapéierte Persounen schaffen, ze sensibiliséieren iwwer d'Leichte Sprache, d'Brailleschrëft oder och d'Zeechesprooch. Wou sinn dës Formationen drun, Madamm Ministesch? Dat ass meng zweet Fro.

An dann, am drëtten Kapitel vun dësem nationalen Aktionsplang iwwer d'Autonomie de vie an Inklusioun an d'Gesellschaft ass als Prioritéit festgehal ginn, dass de Gebrauch vun der Leichte Sprache soll promouviert an uniformiséiert ginn. Bei dësem Punkt steet dann och, dass e Centre de la communication accessible à tous soll kreéiert ginn. Et ass jo virgesinn – an dat huet d'Madamm Minister jo och schon op anere Plaze gesot –, dass dës soll 2023 inauguréiert ginn. Voilà. Meng Fro ass dann dozou: Wou ass den Opbau vun dësem Zenter haut drun? A wéi gëtt déi Leichte Sprache promouviert?

An dann, eng weider konkret Aktioun, déi op dëser Plaz festgehal ginn ass, ass d'Iwwersetzung vun enger Partie öffentliche Fichen: Dokumenter an och Formularen, déi op guichet.lu an och op dem mfamigr.gouvernement.lu, esou heescht de Site, essentiell Informatiounen vermittle sollen, sollen an d'Leichte Sprache iwwersat ginn. Dës soll dann och ab dësem Joer geschéien. Duerfir zum Schluss meng lescht Fro un d'Ministesch: Wéi kënnt dës Prozess virun, wuel wëssend, dass vereenzelt Informatiounen tatsächlech schonns an der Leichten Sprache accessibel sinn?

Voilà. Da wäre meng kleng kuerz Froen. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an der Madamm Ministesch elo scho Merci fir hir Äntwerten.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Madamm Asselborn-Bintz. An d'Familljeministesche, d'Madamm Corinne Cahen, ass scho prett. Madamm Cahen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration |** Jo. Villmools merci. Merci och der Madamm Asselborn-Bintz fir déi Froen allegueren. Ech entschëllegen dann souwuel déi honorabel Deputéiert wéi och elo mech, well mir wäerten net a Leichte Sprache ... Weeder all d'Froen gestallt ... Et ass gutt, dass net an der Gebärdensprooch gedolmetscht gouf, well ech



mengen, déi hätten elo e bëssen e Knuet an d'Fangere kritt, well mer net esou vill Zäit hunn. A bei mir ass dat warscheinlech net enschters. Dofir entschëllegen ech mech derfir. Mee dat ass just eng Kéier fir ze soen, dass dat alles net esou einfach ass an dass dat alles net esou evident ass, d'Saachen accessibel ze maachen.

Effektiv, ech hunn et jo selwer grad gesot: Bei den Office-socialen, bei der Accessibilitéit, denkt een direkt un Träpen, dass een net mam Rollstull erakënn, mee wéi ass et mat Internetsäiten? Wéi ass d'Accessibilitéit dovunner? An dat ass eng rise-, risegrouss Aarbecht.

Also, et ass esou, dass de Service information et presse am Kader vum Accessibilitéitsgesetz systematesch d'Internetsitten an och d'mobill Appen préift, déi vum Secteur public bedriwwen ginn. De Respekt vun der Reegelen vun der Accessibilité numérique ass zanter September 2020 obligatoresch fir d'Sitten an zanter dem 23. Juni d'lescht Joer, Nationalfeierdag, obligatoresch och fir déi mobil Appen, déi een um Handy huet.

D'Resultater vun deenen Audite sinn a Rapporte festgehalen, déi alleguer als Open Data verëffentlecht an och fräi zougänglech sinn. Ob déi dann elo awer a Leichte Sprache an accessibel sinn – ech woen et ze bezweifelen. Mee si sinn op jidde Fall awer effentlech accessibel.

De Service information et presse muss an deem selwechte gesetzleche Kader iwwregens all dräi Joer der Europäescher Kommissioun e Rapport iwwert den État de l'accessibilité numérique au Luxembourg virleeën. Deen éischte Rapport fir d'Period 2020/2021 gëtt et och als Open Data op dem Internetportal data.public.lu fir déi, déi et wëlle kucken goen.

E puer Chifferen dann – ech weess, dass dat ëmmer e bëssen indigeste ass, mee et ass awer vläicht net oninteressant –: De Rapport lëscht 598 Internetsitten a 95 mobil Appen op, déi an de Kader vum Gesetz falen, an heiraus goufen Echantillonnen zesummegeballt, fir eng Rei Tester duerchzeféieren, sou wéi dat vun der Kommissioun och verlaangt gëtt. An heibäi ass dunn opgefällt, dass déi staatlech Websitten am direkte Verglach am beschten ofgeschnidden hunn, mee awer nach net perfekt.

Dat ass awer drop zrëckzeféieren, wëll ech hei soen, dass d'Ekip vum CTIE während dem gesamten Entwicklungsprozess hire Référentiel Renou applizéiert; ech kommen do nach eng Kéier drop zrëck. An dee Référentiel, dee soll garantéieren, dass déi vun hinnen developéiert Säite méiglechst benutzerfrëndlech an accessibel sinn. Dee Référentiel gëtt et schonn zanter 2008 an e gëtt och reegelméisseg à jour gesat. An dee Référentiel, dee Label vun CTIE, dee gëtt vum CTIE garantéiert fir all seng Sitten an dee stellt sécher, dass d'Inhalter vun de Säite kënnen vum engem Screenreader gelies ginn.

Ech ginn elo e bëssen technesch, mee et ass awer net oninteressant, duerfir wollt ech dat eng Kéier soen. Dese Screenreader erkennt net just den Text, mee och den Opbau vun der Säit. Et geet net nëmmen ëm den Text selwer, mee et geet och ëm Iwwerschrëften, ëm Menüpunkten, ëm Linken, ëm Writeboxen an ëm Informatiounen, déi eeben do matgedeelt ginn. De User kann dann zum Beispill de Befehl ginn, e Link opzemaachen oder e Kapitel ze iwwerspringen. Et geet drëms, eng Navigatioun op Internetsäiten kënnen ze maachen ouni Maus, zum Beispill mat den Aen, oder dass visuell Repären och kënnen mat Taste geleescht ginn. Och steet op all Site eng Sitemap zur Verfügung, iwwert déi Rubricen direkt an och erëm ouni visuell Repären ugewielt kënnen ginn.

De Problem ass, dass d'Billen an d'Tablen, wa se fir d'Verständnis vum Text wichteg sinn, mat engem

alternativen Text musse beschriwwen ginn. Also et ass keng einfach Saach. Linken hunn eng Beschreiwung, déi erkläert, wou se hiféieren, zum Beispill e PDF-Dokument, e Formulaire op guichet.lu oder e Site vum engem Associatioun. PDF- a Word-Dokumente, Publikatiounen, awer och Formulairé ginn accessibiliséiert, esou dass och si mat engem Screenreader kënnen gelies respektiv ausgefëllt ginn.

An da gëtt et nach lauter aner Moossnamen, wéi zum Beispill d'Méiglechkeet, den Text ze vergrësseren, ouni dass Text verluer geet, ouni dass iergendeppes verluer geet am Text. Da brauch een awer och dacks staark Kontraster tëschent Schrëft an Hannergrond. Do muss ech och soen, dass d'Charte vu gouvernement.lu op deem Punkt onbedéngt muss iwwerschaft ginn. Eng kloer an einfach Sprooch muss ee gebrauchen, d'Leichte Sprache eventuell och a Videe gebrauchen, eventuell mol Gebärdesprooch a Videe gebrauchen. Dann ass natierlech eng konsequent Méisproochegkeet ganz wichteg fir d'Accessibilitéit vun den Internetsitten an e kontinuierlechen Effort, fir de Site nach méi accessibel ze maachen an eeben op d'Demande vun eise spezifesche Public anzugeen. Ech muss och hei eng Kéier ganz kuerz eng Klamer maachen an op déi exzellente Zesummenaarbecht mat der Ekip vu guichet.lu hiweisen, déi wierklech extreem accessibel sinn, muss ech wierklech soen, an déi et awer wierklech fäerdegbréngen, e Site ze maachen, deen extreem accessibel ass, a si schaffen all Dag dorunner. Also dat soll een awer hei och eng Kéier gesot hunn.

D'Responsabilitéit vun der Accessibilitéit vum Site läit, wéi gesot, beim CTIE, mee net nëmmen! Se läit och bei deenen, déi eebe responsabel si fir de Site, d'Administration, zum Beispill, déi Editeur ass vum Site, an déi sollen dann och eng Charte graphique wien, déi dee Moment accessibel ass.

Wat gëtt konkret ëmgesat, fir en Informationsrecht fir jidderee kënnen ze garantéieren?, hutt Der gefrot. De Familljeministère probéiert, sou vill wéi méiglech Publikatiounen och a Leichter Sprache zur Verfügung ze stellen. Mir schaffen duerfir momentan och mat anere Ministèren a Servicer zesummen, déi Konventiounen mam Familljeministère hunn, fir dass si dat och maachen. De Familljeministère finanziert zum Beispill och de Service Klaro, de Kompetenzzentrum fir Liicht Sprooch zu Lëtzebuerg. Ech kéint Iech elo Beispiller gi vu Publikatiounen, déi accessibel sinn, wéi de Plan d'action Handicap zum Beispill, d'Broschür „Check Politik“, alleguer d'Saachen iwwert d'Covidimpfungen hu mer och probéiert, a Leichte Sprache ze kommunizéieren, fir dass déi Informatiounen fir jiddereen accessibel kéint sinn. Ech mengen, dat war e ganz gutt Beispill, wéi et ka goen, fir och a Leichte Sprache ze kommunizéieren an d'Saachen accessibel ze maachen.

Mir hunn ... Natierlech probéiere mer och ëmmer, d'Informatioun unzepassen. An Dir hutt et och gesot, d'Accessibilitéitsgesetz vum 7. Januar dëst Joer trëtt zwar eréischt d'nächst Joer a Kraaft, mee do geet et net nëmmen ëm d'Zougänglechkeet vun de Gebaier, mee et geet och ëm ganz aner Saachen, ëm aner Accessibilitéiten. Fir all d'Demarché si mer amgaangen, Informatiounsfichen auszeschaffen, déi op guichet.lu dann och a Leichter Sprache verfügbar wäerte sinn.

Mir preconiséieren och, bei Pressekonferenzen a bei Informatiounsversammlungen no Méiglechkeet e Gebärdendolmetscher derbäi ze hunn, e Schrëftdolmetscher och. Ech maachen hei och en Appell fir de Schrëftdolmetscher, deen och fir d'Accessibilitéit ganz, ganz wichteg ass. Op guichet.lu sinn och schonn eng Rei Demarchen a Leichter Sprache formuliert. Dese Pilotprojet vum CTIE, dee fir de guichet.lu responsabel ass, an Zesummenaarbecht mat Klaro,

engem Service vun der APEMH, gëtt och an Zukunft nach weider ausgebaut.

Wéi eng Mesurë si virgesinn, fir d'Barriärefräiheet vum Internet am Allgemengen ze verbesseren? Do ass natierlech d'Accessibilitéitserklärung, déi fir all Site a fir all Mobile-App muss publizéiert ginn. Déi soll de Benotzer informéieren iwwert den Accessibilitëitsniveau, deen erreicht ginn ass, an och iwwert déi Problemer, déi nach net korrigéiert goufen. An deem Text muss och informéiert ginn iwwert d'Recoursweeër, déi een Notzer huet am Fall vum engem Problem. Bei de staatleche Websitten, déi mat der technescher Hëllef vum CTIE entwéckelt ginn, ass d'Accessibilitéitserklärung elo scho Standard.

Zanter Juli 2020 bis elo den 3. Mäerz 2022 huet de Service info et presse 25 Reklamatiounen erakritt. Wéi am Artikel vu „journal.lu“ erwähnt, huet e groussen Deel vun de Reklamatiounen eppes ze di mat den inaccessible PDF-Dokumente. An do hunn ech jo virdru scho gesot, dass mer dorunner schaffen, mee dass et net e „one size fits all“ gëtt, fir d'PDF-Dokumente accessibel ze maachen. Dat muss ee wierklech da beschreiwen, d'Tableaux, d'PDF-Dokumente, dat ass ... Duerfir verstinn ech och, dass do scho Reklamatiounen erakomm sinn.

Dann hutt Der nach gefrot, wou den Opbau vum Centre de la communication accessible à tous drun ass. Do ass den Acte constitutif de 17. Februar dëst Joer ënnerschriwwen ginn. D'Gestioun vum Alldagsgeschäft ass de Moment an der Hand vum Comité de gerance, deen aus zéng Persounen besteet aus verschiddene Ministèren. Do sinn dann och zum Beispill d'FEDAS an Info-Handicap mat dran. Aktuell gëtt de Rekrutement gemaach, fir déi verschidde Posten am Kommunikationszentrum ze besetzen. Voll operativ soll den Zenter dann hoffentlech an der zweeter Hallschent vun 2022 sinn.

An zu de Missiounen vun deem Kommunikationszentrum gehéiert et, verschidden Acteuren zesummenzebréngen, déi scho Kompetenzen an de Beräicher Kommunikatioun a Formatioun hunn. Hei kann ee sech Formatiounen zu ganz ënnerschiddlechen Theemen a fir ganz ënnerschiddlech Berufsgruppe virstellen – duerfir maachen ech hei och eng Kéier kuerz Pub dofir –, zum Beispill: Pompjeeën, déi e Basis-Gebärdesproochkurs maachen. Fir Ambulancier, fir dass se och wëssen, wéi se kënnen kommunizéieren mat Leit, déi vläicht net héieren, wa se op d'Plaz kommen. Ech denken un e Cours fir Polizisten, wou et drëms geet, wéi een am beschte mat enger gescheetg behënnerter Persoun schwätzt, well mer do natierlech och ëmmer nees Reklamatiounen kréien. An do muss mer a Formatiounen investéieren, fir déi Leit och ze forméieren, wéi een och a Liichter, a vereinfachter Sprooch kann d'Rechter erklären, wann ee mat enger behënnerter Persoun schwätzt. Ech mengen, dass dat eng ganz wichteg Formatioun ass. Dat kéint awer och zum Beispill e Cours fir e Kommunikationsbeoptragte vun der Gemeng oder vun enger grousser Firma sinn, fir wichteg Informatiounen a Liichter Sprooch zur Verfügung ze stellen an als Informatiounen a Liichter Sprooch ze kennzeechen, well och do, mengen ech, muss dat kloer gekennzeechent sinn. Da weess een och, wou een duerno kucken geet.

Den Zenter selwer wäert och d'Fonction vum engem Informatiounsguichet hu fir alternativ Kommunikationsformen, déi eeben de Mënsche mat Kommunikatiounsschwierigkeeten d'Liewe méi einfach solle maachen. Et soll eng Ulafstell ginn, wou een Informatiounen ka kréien, ënner anerem iwwert d'Liicht Sprooch, d'verinfacht Sprooch, d'Gebärdesprooch, d'Schrëftdolmetschen, d'Audiodeskriptioun, d'Kommunikationsformen, déi och vu Leit genotzt ginn,



déi beotemt ginn, zum Beispill. Vun deenen hu mer hei elo nach net geschwat. Ech hat elo d'Éinescht gesot, dass een e Site och mat den Ae ka guidéieren a weiderkommen. An och iwwert d'Tast-ABC fir Leit, déi weeder héieren nach gesinn, soll een do Informatiounen kënne kréien.

Den Zenter soll all d'Wëssen zu deenen alternative Kompetenzformen bündelen an d'Leit informéieren a sensibiliséieren. Am Zenter soll ee sech kënne iwwer seng Rechter informéieren, och an Zesammenhang mam Zougang zu Informatioun justement. An hei sollen all déi néideg Formularen disponibel sinn, fir eeben eng Hëllef an engem vun de virdru genannte Beräicher kënne unzefroen.

An ech géif dann och hei d'Fräiheet huelen, dem President vun der Familljekommissioun respektiv der ganzer Kommissioun ze proposéieren, dass wann deen Zenter bis op ass an um Lafen ass, mer dann eng Kéier all zesumme géifen dohinne kucken goen an ons alles erkläre loosse, wéi dat funktionéiert, wat een do alles ugebued kritt, well och fir Iech als Gemengemammen a Gemeengepappen ass et interessant, dass an Äre Biergerzentere vläicht kënne Formatiounen gemaach ginn iwwert d'Leichte Sprache, awer och iwwer aner Accessibilitéit, fir dass d'Leit bei Iech allegueren an de Menge richteg gutt kënne empfaange ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Familljeministeschen.

## 6. 7926 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement de l'assainissement et de la revalorisation du site du projet « NeiSchmelz »

## 7927 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du développement de logements du projet « NeiSchmelz »

Mir kommen elo zu deene leschte Punkte vum Ordre du jour vun haut, de Projet de loi 7926 iwwert den Assainissement an d'Revalorisatioun an de Projet de loi 7927 iwwert de Finanzement vum Projekt NeiSchmelz.

An ech géif direkt d'Wuert un d'Madamm Rapportrice, d'Madamm Semiray Ahmedova ginn, awer net ouni ze soen, dass d'Gemeinsam Riedezäit nom Basismodell festgeluecht ass.

Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission du Logement

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Här Minister, Léif Kolleginnen a Kollegen, ech stellen Iech haut e weidere Finanzierungsprojekt vir, deen et eis wäert erlaben, abordabel Wunnengen ze bauen.

Haut si mer an der Stad Diddeleng, wou mer wäerten dës Wunnengen kënne bauen. Wann een dem Ganze kéint en Titel ginn, da géif et heeschen „NeiSchmelz: Renaissance vun der aler industrieller Friche“.

Erlaabt mir, kuerz op den Historique anzugehen. Den Diddelenger Laminor huet seng Aktivitéit am Oktober 2005 ganz ofgeschloss. 2006 huet de Fonds du logement e Plan directeur d'aménagement et du développement urbain ausgeschafft. Virgesi ware schonn deemools zwee Drëtter Wunnengen an een Drëtter wirtschaftlech Aktivitéiten. Wichtig ze soen ass och, dass zéng Strukturen, dorënner aacht Gebaier,

klasséiert ginn. Ech mengen, wie kennt net de Waaserturm vun Diddeleng, dee mëttlerweil de Symbol vun eiser Stad ginn ass?

2009 gouf en internationale Concours fir Stadplanung organiséiert mam Stéchwuert „Kreeslafwirtschaft“, fir dorops kënne ze baséieren, fir e Masterplang auszuschaffen.

Kuerz zu de Propriétéitsverhältnissen, well déi hei och net onwichtig sinn: Am Kader vun der Stoltripartite 2004 gouf decidéiert, dass ArcelorMittal dem Staat de Site vum Stolwierk ofgëtt mat der Konditioun, dass deen natierlech fir d'Sanéierungsarbeiten opkënn. 2017 hunn déi urbanistesche Etüden an Zesummenarbeit mat der Gemeng Diddeleng ugefaangen.

Konkreet elo zum Gesetzesprojekt: De Fonds du logement, eisen öffentliche Promoteur, wäert hei ganzer 1.575 Logementer bauen, déi vläicht eng ronn 3.620 nei Awunner op Diddeleng wäerten unzéien. Fir den Empfang vun dësem Projekt besser ze illustréieren, muss ech Iech soen, dass d'Hallschent vun eise Gemengen hei am Land manner wéi 3.000 Awunner hunn. Mam Projekt NeiSchmelz wäerte mer och eng richteg Wunnmixitéit hunn, wou ee ka lounen, awer och kafen, well eleng esou kann een an déi richteg Richtung goen an eng sozial Inklusioun fërderen. 55 % vun de Wunnengen wäerte fir eng abordable Locatioun, 35 % fir de subventionéierte Verkauf an déi iwwer 10 % fir den netsubventionéierte Verkauf virgesi ginn.

Fir dass d'Wunnengen och kënne zu engem abordable Präis, dass heescht, zu engem bezuelbare Präis, verkaaft ginn, hu mer hei och de Bauland fir 99 Joer ënner Emphyteose zur Verfügung stellt. De Projekt NeiSchmelz erlaabt och d'Schafe vun engem regionalen, awer och multifunktionellen Attraktivitätszentrum, wou Wunnen, Schaffen, Akafen a Fräizäit ganz enk verbonne sinn.

Wéi scho bei anere Projeten, déi op esou engem groussen Areal ausgeschafft ginn, huet de Fonds du logement dat Ganzt och hei a véier PAPen ausgebaut. Esou kann een à fur et à mesure ..., dat heescht, sech e Phasage ginn, fir de Projekt auszubauen.

Mir hunn hei, wéi och scho bei „Wunne mat der Wooltz“, zwee Gesetzesprojeten. Den éischte Projekt deckt u sech d'Käschte fir d'Sanéierung vum Buedem an d'Revitalisatioun vum Site of, d'Sanéierung vun der Diddelenger Baach an déi speziell Infrastrukturen, déi gebraucht gi fir NeiSchmelz. Den zweete Projekt ass selbstverständlech och e weidere Finanzierungsprojekt, deen awer d'Käschte vun de Wunnengsbauten wäert ofdecken.

Déi zwee Finanzierungsprojete sinn natierlech complementaire an dofir gi se hei gemeinsam gestëmmt a presentéiert. Et kënn mëttelfristeg och nach en drëtten Finanzierungsprojekt, an do schwätze mer éischter vun engem nationale Projekt, dee gebaut wäert ginn, nämlech de Centre national des collections publiques. De Projekt besteet aus Ausstellungsraum, Ateliere fir Restauratioun vun ale Konschtwierker an engem Laboratoire.

Et kann een net iwwer NeiSchmelz schwätzen an den Energiekonzept net erwänen. Haaptzil vum Projekt NeiSchmelz ass et, en innovativen an nohaltege Projekt ze entwéckelen. De Projekt integréiert d'Prinzipie vun der Kreeslafwirtschaft, déi op enger nohalteger Entwécklung, enger Optimisatioun vun der Matière première a Ressourcenschonung baséiert. Et geet hei net méi ëm eng linear Économie, mee éischter eng nei Économie circulaire, déi baséiert op dem Prinzip vum Liewenszyklus vun de Materialien, dass heescht, d'Energie, déi gebraucht gëtt fir d'Hierstellung vun engem Material – Ofbau, Recycling, och d'Waasser an déi ganz Energie, déi dofir gebraucht gëtt –, gëtt hei ausgerechent.

An dësem Kontext gëtt et och eng kohärent a respektvoll Auswiel vun de Baumaterialien. Den Ofbau an d'Wiederverwendung vun de Materialien gëtt och während dem Bau vum Projekt sur place erlaabt.

Den Energiekonzept ass op engem ganz innovativen System opgebaut mam Zil, dass mer en CO<sub>2</sub>-neutrale Quartier bauen. Hei soll eng ganz déif geothermesch Wärmepumpe opkomme fir sämtlech Gebaier vum ganze Site a souguer en Deel vum Quartier existant. Déi Produktioun vun Elektrizitéit gëtt iwwer Fotovoltaik erméiglecht. De ganze Laminor plus den Daach an d'Fassade vum ale Stolwierk ginn och fir Solarthermie, dass heescht, zum Deel Wärmeenergie a Fotovoltaik, gebraucht.

Kuerz och zum urbane Konzept: Fir de Quartier „Italien“ a „Schmelz“ ass de Projekt eng urbanistesche Reparatur, déi eng Kontinuitéit vum Tissu urbain wäert erëm zesummestrecken. Fir déi, déi de Projekt net kennen: Am Süde vun Diddeleng hu mer am Fong lénks a riets zwee Quartieren an an der Mëtt hu mer eng Barrière, déi dat Ganzt richteg trennt. An dofir sinn ech och immens fro, dass mer dat endlech wäerte kënne matenee verbannen.

Ee Grondstee fir eng erfollegräich Integratioun vum Projekt ass seng menschlech Dimensionen. D'Gebaier an déi öffentliche Raum hunn eng urban Échelle, wou de Mensch u sech am Mëttelpunkt steet. D'Zil vum Projekt ass et, eng lieweg Plaz ze ginn. Rhythmus, Dimensionen, Héicht vu Gebaier sinn am Fong esou ausgerechent an esou gemaach ginn, dass se dem Bestand och ugepasst ginn.

Kuerz och nach zum Mobilitéitskonzept: Haaptzil vum Mobilitéitskonzept ass et, e Quartier ze schaffen, wou mer am Fong de Gebrauch vum Auto oder souguer d'Presenz vum Auto an de Stroossen op e strikte Minimum reduzéieren. Fir dat Zil ze erreechen, hu mer hei natierlech eng gutt Ubannung un den öffentlichen Transport. De Quartier läit och direkt un enger Zuchgare fir Richtung Beetebuerg a Stad Lëtzebuerg.

Mir wäerten och e BHNS, de sougenannte „Bus à haut niveau de service“, fir a Richtung Esch an Esch-Belval hunn an natierlech e gudde Réseau vu Vëlospisten, dass Ganzt gekoppelt un eng gutt Mëschung vu Fonctiounen a Services.

Et ass och extra Wäert drop geluecht ginn, dem Foussgänger an dem Vëlofuerer méi Sécherheet a méi Raum ze ginn. Mir hunn am Quartier en dicht Netz vu Foussgängerweeër, déi sech natierlech mat der Stad Diddeleng, awer och mat de Quartiere bis op Wuelmereng verknüpfen.

Kuerz zu der Mixitéit vun de Fonctiounen an der Mixité sociale: An enger nohalteger Planung dierf de sozialen Aspekt natierlech net feelen. Mir brauchen eng gutt Kombinatioun zwëschen enger öffentlecher Politik an enger gudder Strategie, wat d'Stadentwécklung ugeet. Eleng esou kënne mir Quartiere resilient bauen, déi dem Verbraucher ugepasst ginn an déi och eng Liewensqualitéit bidden.

De Logement ass e wichtigen Aspekt vum Projekt. Hei ass och vill Wäert drop geluecht ginn, fir an deem Kontext eng gutt Mixitéit vun der Typologie ze hunn, dass heescht, kleng Gebaier a grouss Gebaier, kleng Appartements a grouss Appartements. Esou schwätze mer wierklech e breede Public an eiser Gesellschaft un. Esou fanne mir am Projekt – wéi ech scho gesot hunn – individuell Wunnen, Haier, Wunngebaier, Appartements, Wunnen am Bestand, déi wäerte gebaut ginn, Colocatioun, Habitat intermédiaire, an ech kéint am Fong nach weiderfueren.

Wat de Commerce de proximité ugeet, hu mer och eng wichteg Diversitéit vun Aktivitéiten: Hei hu mer



Restaurants, Caféen, Coiffer, Metzler, Apdikt, Bäckeri, Blummebuttek – ech mengen, Dir gesitt, wourop ech wëll erauskommen –, lauter kleng Geschäfte, déi dat Ganz natierlech beliewen.

D'Zil ass et, de kleng Commerce, awer och de Fräiberuffler erëm an den Zentrum ze kréien. Wichteg ass et, och sportlech a kulturell Aktivitéiten unzibidden, awer och gemeinschaftlech Infrastrukturen ze schaffen, wéi zum Beispill Familljenhoteller a Jugendherbergen, Jugendhaiser, Crèche, Maison-relais, awer och Zentre fir eeler Leit a PMRen.

Domadder hoffen ech, dass ech Iech e klengen a flotten Iwwerbléck ginn hunn iwwert dësen ambitiése Projet. Ech muss nämlech och kuerz op d'Avisen an d'Aarbechte vun der Kommissioun agoen.

Den Avis vum Staatsrot vum 22. Februar 2022 hat keng weider Remarken.

D'Handelskummer begréisst natierlech an hirem Avis vum 22. Dezember d'lescht Joer, dass mer eis hei op nohaltig Kritter baséieren. Si bedauert awer, dass et e bësse laang dauert, mee ech mengen, dass maache mer alleguerten. Ausserdeem kënn och déi Fro vun der Sanéierung op, a si werft déi Fro op, firwat net de Fonds pour la protection de l'environnement dat Ganz subventionéiert. Momentan ass et esou, dass de Fonds spécial du soutien au développement du logement dat Ganz wäert bezuelen.

D'Salariéskummer seet u sech an hirem Avis, dass si d'Schafe vun neie Wunnengen natierlech begréisst. Si bedauert awer, dass d'Käschte vun der Sanéierung vun der Allgemengheet gedroe ginn a werft e puer Froen op zum Mobilitéitskonzept.

Ech kommen dann och zu den Aarbechte vun der Chamberskommissioun. De 7. Dezember 2021 huet de Logementsminister dëse Gesetzesprojet an der Chamber deposéiert. De Gesetzesprojet ass dann och vum Här Minister an der Kommissioun vum 2. Dezember virgestallt ginn. Den 10. Mäerz 2022 hu mer dräi Saachen an der Kommissioun gemaach, déi ganz wichtig waren: Analys vum Avis vum Staatsrot, ech sinn dann och dee Moment zur Rapportrice genannt ginn, a mir hunn an eiser Kommissioun och de Rapport uegoll.

U sech wier ech fäerdeg mat mengem mëndlechen Rapport an ech verweisen natierlech fir weider Detailen op mäi schréfflechen Rapport. Par contre, Här President, ech hoffen, ech kann nach e puer Wuert soen. Wieklech, ech hale mech ganz kuerz, fir e perséinlechen Avis iwwert dat Ganz ofzeginn.

Wa mir vun der aktueller Situatioun vum Wunnengsmaat schwätzen, existéiert quasi Unanimité – an dat net just heibannen –, dass méi bezuelbare Wunnraum muss gebaut gi fir déi Jonk, awer och fir déi méi Schwaach aus eiser Gesellschaft. Oft scheitert mer awer dorunner, wann et konkret drëm geet, dass mer sollen nei Projekte bauen an dass mer vläicht och solle méi dicht bauen.

Mat dësem Projet bewiese mir awer hei, dass Staat a Gemeng Hand an Hand konkret Léisunge kënnen fanen, fir an déi richteg Richtung ze goen, fir de Logementsproblem ze léisen.

Ech hoffen, dass dat nach vill Gemenge wäert inspiréieren, och an déi Richtung ze goen, fir hir Baupotenzialer ze mobiliséieren. An ech hu keng Loft méi.

(Hilarité)

**Une voix** | Drénkt e bëssen!

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Sou, dass alles gesot, soen ech natierlech Merci fir d'Nolauschteren an ech gi selbstverständlech och den Accord vun eiser grénger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Mammad Ahmedova.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Lies. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Marc Lies** (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Damm an Dir Hären, ech soe virop der Rapportrice, dem Semiray Ahmedova, e ganz, ganz décke Merci fir dësen ausféierlechen Rapport, dee, mengen ech, alles dat zréckginn huet, wat dee Moment dann och an dësem Projet drastoung.

An ech wëll och direkt hei virop betounen, dass d'CSV-Fraktioun dësen zwee Projeten, souwuel der Nummer 7926 wéi och 7927, den Accord wäert ginn, well et effektiv e Projet ass, deen an déi richteg Richtung geet.

D'CSV huet iwwert déi lescht Joren ëmmer nees propagéiert, dass den erschwénglechen Wunnengsbau verstärkt muss ëmgeseit ginn. Iwwert déi lescht dräi Joren huet eis Fraktioun net manner wéi 19 Motiounen hei an der Chamber eragereecht, 5 Propositions de loi diesbezüglich gemaach an awer och am Kader vum Pacte Logement 2.0 eng Rëtsch vun Amendementer eragereecht fir ze kucken, dass mer an Zukunft beim erschwénglechen Wunnengsbau méi séier virukommen.

De Projet Neischmelz, mengen ech, ass och fir d'Stad Diddeleng e ganz wichtige Projet, vu dass déi industriell Geschicht vun der Stad Diddeleng, d'Sidergie, hiren Nidderschlag an dësem Projet hei fënnt, wou net manner wéi aacht Gebaier dann och iwwer Sites et monuments wäerten ënnerhale ginn, déi um Inventaire stinn, fir déi nees kënnen eng Kéier ze rafistoléieren, ze sanéieren, soudatt dat och e wichtigen Aspekt vun dësem Projet ass.

Ech wëll awer kuerz eng Kéier d'Comparaison maachen, wat d'Dauer vun dësem Projet ueget. Ech mengen, iwwert d'Dauer an iwwert d'Prozedur musse mer ... De Buergermeeschter vun der Stad Diddeleng laacht, well ech mengen, hie weess och genau, firwat en hei schmunzelt, wann een eng Kéier kuckt, dass d'Fermeture vum Laminor am Oktober 2005 war.

De Fonds du logement huet am Mäerz 2006 dann d'Responsabilitéit iwwer Neischmelz iwwerholl, a vun 2009 bis 2012 gouf e Concours urbanistique, „Räumliches Strukturkonzept Schmelz Diddeleng“, erstallt. An duerno huet et nach eng Kéier véier Joer gedauert, bis Juli 2016, bis dass d'Fin zwéischent ArcelorMittal an dem Fonds du logement finalement konnt akteiert ginn. An eréischt duerno, 2017, ass effektiv uegefaange ginn, nees un enger neier Konzeptioun ze schaffen, déi dann am Oktober 2019 konnt ofgeschloss ginn. De PAP, oder déi véier Pape goufen am Oktober 2020 gestëmmt.

Ech hu mer soe gelooss, dass d'Convention d'exécution des travaux awer nach net gemaach wier. An duerfir wär et och wichtig, wann de Minister eis hei vläicht kéint soen – ben, ech mengen, och weinst der Implication vun der Stad Diddeleng –, wéini dës Konventioun gemaach gëtt, well dat awer eng wichtig Viraussetzung ass, fir déi Aarbechten do kënnen virunzeféieren.

Wann ech soen „d'Prozeduren“, esou hunn ech mer d'Méi gemaach, eng Kéier kuerz e Verglach ze maache mat engem anere Projet op Industriefrëchen, deen och am Süden ass: Ech kommen hei op Esch ze schwätzen, op d'Beispill vun der Rouder Lëns zu Esch, wou effektiv iwwer en anere Wee och dëse Projet ëmgeseit ginn ass mat enger plus/minus änlecher Gréisst, wou an Zukunft dann och wäerte ronn 3.500 Leit kënnen wunnen.

De Projet zu Esch, déi Persoun oder dee Promoteur, deen dat ëmgeseit huet, huet am Mee 2017 fir d'Éischt

de Fouss op den Terrain vun der Rouder Lëns zu Esch gesat. A fir dëse Projet ass eng Modification ponctuelle vum PAG schonn am September 2018 gemaach ginn. De Masterplang gouf 2019/2020 ëmgeseit. De PAP gouf am Juli 2021 validéiert. An déi Éischt Aarbechte wäerten elo an dësem Summer ufänken, wat den Assainissement ueget. Et sinn effektiv scho ronn 200.000 Tonne Buedem, déi sanéiert gi sinn. An déi Éischt Wunnengen – elo haalt Iech un! –, wäerte schonn 2025/2026 geliiwert ginn!

Hei bei Neischmelz wäerten déi Éischt Wunnengen awer eréischt 2027/2028 geliiwert ginn. Dat heescht, d'Prozedur ass bei deem enge Projet 17 Joer, d'Ëmsetzung nach eng Kéier vill méi laang, a bei deem anere Projet, deen ënner privater Hand ass zu Esch, sinn dat am ganze 7 Joer Prozedur an effektiv 10 Joer, bis déi Éischt Wunnengen dann och wäerte fäerdeggestallt sinn. Do gesäit een effektiv eng gewëssen Diskrepanz.

An ech wollt awer besonnesch dorop verweisen, dass et wichtig ass, dass mer an deenen nächste Joren, wa mer iwwert d'Prozeduren, wa mer iwwer nei Gesetzer heibanne schwätzen ... An ech mengen, d'CSV-Fraktioun huet et an deene leschte Méint a Jore wéi oft gesot, mat deenen Texten, déi effektiv och elo d'lescht Joer votéiert gi sinn, wat de Pacte Logement 2.0 ueget, dass eis do een Artikel extreem vill Suerge mécht: Dass ass den Artikel 29bis vum Aménagement communal. Mir hate virun e puer Wochen hei eng Motioun eragereecht, wou effektiv eng Evaluatioun vun dësem Artikel 29bis sollt gemaach ginn, och wann en eréischt kuerz a Kraaft getrueden ass. Mee ech kann Iech aus praktescher Erfahrung soen – an ech mengen heibanne sëtze vill Leit, déi a Schafféerit vu Gemengen aktiv sinn –: Den 18. Februar vun dësem Joer, wat d'Introduktioun vu PAPen ueget, mécht eis an de Gemengen extreem vill Suerge. An duerfir, Här Minister, géif ech Iech bidden: Huet dat wannechgelift mat an de Regierungsrot a kuckt, dass effektiv den Artikel 29bis vum Aménagement communal nach eng Kéier evaluéiert gëtt, well mir hu Problemer, an deenen nächste Méint a Joren, fir iwwerhaupt nach nei PAP „nouveau quartier“ ëmzesetzen.

A wat eis nach vill méi Suerge mécht, Här Minister, dass ass dann effektiv dat nei Gesetz, oder dat 79er Gesetz: d'Iwwerschaffung vum Aide-au-logements-Gesetz iwwert de Logement abordable. Mir sinn eis alleguerten 100%eg doriwwer eens, dass mer méi erschwénglech Wunnengen an deenen nächste Jore musse bauen. Mee wat an deem Text do drasteet, dass ass méi wéi kontraproduktiv. Duerfir bidden mer Iech, wat d'Ëmsetzung ueget, wat d'Gestioun vu soziale Mietwunnengen ueget, dass nach eng Kéier op de Leescht ze huelen. Ech soen dat net nëmmen als Deputéierten hei, ech soen et och als Papp vun enger Gemeng an ech soen et och am Nimm vu villen Acteurs sociaux um Terrain, déi mir effektiv genau dat selwecht confirméiert hunn: Wann dat Gesetz do duerchgeet, da wäerten an deenen nächste Joren nach vill manner Sozialmietwunnenge gebaut ginn, wéi dat haut de Fall ass.

Duerfir, an deem Sënn, soen ech Iech alleguerten Merci fir d'Nolauschteren, ginn natierlech den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Lies. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. Elmen, „Wunne mat der Woltz“, „Wéltgebond“ – de Projet Neischmelz reit sech an eng ganz Rei vu Logementsprojeten an, déi déi lescht Jore lancéiert goufen, fir abordable Wunnraum ze schaffen. Insgesamt ronn



eng Milliard Euro mobiliséiert de Staat eleng fir déi véier genannte Projeten, fir senger Responsabilitéit an der aktueller Wunnengskris nozekommen.

Als ee vun de gréisste Besëtzer vu Bauland zu Lëtzebuerg, huet déi ëffentlech Hand hei wierklech eng grouss Responsabilitéit, net just als Legislatuer, mee och als Bauhär selwer. Mir kënnen jo net vun de Leit verlaangen, hir Terrainen ze mobiliséieren an de Staat selwer géif op sengen Terraine sëtze bleiwen.

Dobäi kënnt, dass generell de soziale Wunnensbau massiv ausgebaut muss ginn. Par rapport zum Ausland sti mir an där Hisiicht effektiv net immens gutt do. Ëmmer méi Leit kënnen sech um reguläre Marché näischt méi leeschten oder nëmme ganz schwéier. Déi ëffentlech Hand muss dëse Leit zur Säit stoen an hinnen e wierdegt Ënnerdaach ubidden. Duerfir begrësse mir als Demokratesch Partei natierlech all Projeten, wou de Staat mam gudde Beispill virgeet.

Et ass gewosst, dass mer d'Wunnensproblematik nëmme kënne an de Grëff kréien, wa massiv zousätzlech Wunnenge gebaut ginn, souwuel um normale Marché wéi och um Marché fir abordabele Logement respektiv fir Logement à coût modéré. Als DP soe mer dat ëmmer erëm. Et muss méi gebaut ginn, méi dicht, méi héich, méi séier. An do ass och déi ëffentlech Hand gefuerdert.

Dëse Projeten ass e weidere Schratt an déi richteg Richtung. An den nächste Jore wäerten zu Diddeleng eng 1.500 Wunnenge fir 3.700 Leit entstoen. Mat senger 36 Hektar ass et wierklech e Projet d'envergure, an déi budgetär Enveloppe ass deementspreechend och schwéier. Ronn 500 Milliounen léisst de Staat sech d'Revaloriséierung an d'Entwécklung vun den alen Diddelenger Industriefrëchen kaschten.

Ze soen, déi ëffentlech Hand géif also hirer Verantwortung bei der Logementsproblematik net nokomme, eebe just nokucken, ass manifestement net richteg. Alldéngs, ass elo de Problem doduerch geléist? Sécher net. Kéint, jo misst méi gemaach ginn? Ech mengen, d'Äntwert ass evident: jo.

Mir stinn als DP absolut hanner dem Projet Neischmelz. Et wäert e flotten, modernen, neie Quartier zu Diddeleng ginn, dee gutt duerchduecht ass a wou och op eng flott Aart a Weis de kulturelle Patrimoine vun der Stolindustrie valoriséiert, jo, an integréiert gëtt. Donieft ass et e weidere grouss Projeten am Süde vum Land, soudass en och aus landesplanerischer Perspektiv nëmme ze begrëssen ass. Mir hätte jo schliisslech gären, dass virun allem déi dräi Pole Süden, Zentrum an Nordstad sech entwéckelen, fir Wunnen a Schaffe méi no beieneen ze bréngen an eng ze staark Zersiedlung vum Land ze evitéieren.

Fakt ass awer, dass esou grouss Projeten hir Zäit brauchen. 2005 huet d'Fabrick vun Arcelor hir Dieren zu Diddeleng definitiv zougemaach. Déi éischt Aarbechte sollen Enn vun dësem, Ufank vum nächste Joer ulafen. Bis déi éischt Wunnenge fäerdeg sinn, gëtt et 2028. Dat heescht, mir sinn hei awer schon emol 23 Joer amgaangen, bis dass déi éischt Unitéit do steet. Bis de ganze Projet fäerdeg ass, kann ee mat weideren zéng Joer rechnen.

Wa mir sollen d'Logementskris ugoen, kënnen mer eis et net erlaben, dass mer 30 Joer brauchen, fir 1.500 Wunnengen ze bauen. Dat ass sécher net, fir dëse Projeten schlecht ze maachen. Am Géigendeel, ech sot et, mir fannen dëse Projeten ganz flott a gutt.

Wat ech wëll soen ass: Mir kréien déi aktuell Situation net eleng mat groussen, ëmständlechen, laangwierige Projeten an de Grëff, déi éiweg brauchen. Och dat ass normal. Wann een e ganze Quartier nei plant, da soll dat jo vun A bis Z gutt duerchduecht sinn.

Mee wat mer eeben och brauchen, dat si Projeten, wou mer séier an onkomplizéiert Logement schafen. Eng Iddi – si ass scho méi dacks vu mir genannt ginn – ass déi vu Modularbauten. Déi ëffentlech Hand kéint entweder op Terrainen, déi hir selwer gehéieren, oder Terrainen, déi se lount, falls dat néideg ass, a kuerzer Zäit Modularkonstruktiounen opriichten, Gebaier aus Holz, jee, et gëtt do hautdesdaags ganz vill flott Méiglechkeeten. A virun allem hu se de Virdeel, dass se relativ séier an ouni allze groussen Opwand kéinte realiséiert ginn.

Ech wëll elo net ze vill an den Detail goen. Ech wëll just soen, dass mir all Mëttele mussen asetzen, déi eis zur Verfügung stinn, fir dass sech eppes am Logement deet. Et gëtt net eng Mesure, et gëtt eng Hellewull vun eenzelne Puzzlestécker, déi mer beienee mussen setzen.

De Projet Neischmelz ass e ganz interessant a flott Puzzlestéck, dat eng Plus-value fir de Süden an d'Gemeng Diddeleng wäert duerstellen. A selbstverständlech ginn ech am Numm vun der DP-Fraktioun an den Accord fir déi zwee Finanzéierungsgesetzer, dat awer net ouni der Rapportrice e ganz grouss Merci fir hiren exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport ze soen, och stellverriedend fir de ganzen Diddelenger Gemengerot. Dem Diddelenger Buergermeeschter och Felicitatioun fir de Courage, deen hien heimat beweist.

**Une voix** | Ganz gutt!

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Hahn. An d'Wuert ass elo fir dee Leschtgenannten aus der Ried vum Här Hahn, an dat ass de Buergermeeschter vun Diddeleng, den honorabelen Här Dan Biancalana.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, jo, virop wëllt ech hei der Rapportrice, der Madamm Ahmedova, Merci soe fir hiren detailléierte mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et ass natierlech e Projet, dee mer ganz besonnesch um Häerz läit, well ech d'Chance hat, e vun Ufank un ze begleeten, dat heescht säit 2005, also viru gutt 17 Joer. An ech verstopen Iech net: Dat ass e laange Prozess gewiescht – a mir sinn awer sécher net um Enn ukomm –, wou vill aner decisiv Etappen hu misse geholl ginn, fir dës zwee Finanzéierungsgesetzer och kënnen ze erméiglechen.

Ech denken do un den internationalen Architektoconcours 2009, d'Ëmännerunge vum PAG a vun de véier PAPen, déi vum Gemengerot an d'Prozedur geschéckt goufen, mee awer och u ganz vill Etüden, déi am Virfeld hu misse gemaach ginn: Sanéierungskonzept, Energiekonzept. Et brauch een also definitiv e laangen Otem, och wann, wéi gesot, an deem dote Projet effektiv och eréischt säit 2016 d'Propriétéitsverhältnissen gewieselt hunn. An et ass haut och wichteg, dass mer eng weider Etapp huelen, och wann de Projet deementspreechend eréischt a 15 bis 20 Joer Realitéit gëtt an natierlech och ganz kloer en Impakt op d'Stad an d'Stadentwécklung huet.

Wat natierlech och hei wäert sinn, dat ass, dass natierlech der Geschicht vum ganze Land Rechnung gedroe gëtt, awer och der Stad Diddeleng. Den industrielle Patrimoine gëtt hei ganz kloer valoriséiert. Et entsteet hei e komplett neie Quartier, deen op sozial Mixitéit setzt, mee och funktionale Charakter huet. Et kann een do wunnen, schaffen a seng Fräizäit verbréngen, also e Quartier mat ville Facetten. An et schléit een och hei eng Bréck tëscht der industrieller Vergaangenheet, der Géigewart an och der Zukunft.

Des Weiteren dréit d'Entwécklung vun Neischmelz landesplaneresch gesinn och zur Stärkung vun den Aufgaben bäi, déi d'Stad Diddeleng als CDA-Gemeng huet, mat regionalem Charakter a regionalen

Aufgaben, déi kënnen ausgebaut a weider wouer-gehall ginn. An hei wäert d'Gemeng sécherlech net nëmme nei kommunal Services usidelen, mee och schonn eng Rei Ministèren a staatlech Services hunn hei d'Geleeënheet erkannt an hunn och manifestéiert, fir besteeënd respektiv awer och nei ëffentlech Dëngschtleeschungen do unzesidelen.

120 Joer laang huet d'Schmelz de Bols vun der Stad Diddeleng gepräagt an natierlech sinn do och Quartieren à la va-vite duerch d'Aktivitéiten vun der Schmelz entstanden. A wann een haut duerch den ëffentlech accessibelen Deel vun Neischmelz geet, da mierkt een natierlech, wéi d'Stolindustrie, wéi d'ARBED op Diddeleng agewierkt huet. An der Ausrichtung vum Projet wäerte jo och 85 % vun de Gebaier erhalen bleiwen a valoriséiert ginn. An ech denken do un d'Walzwierk an un d'Stolwierk mat senger gutt 600 Meter – also wierklech, ganz kloer, beandrockend Zäiteien. An hei gouf och net de Prinzip vun der Tabula rasa mat eiser schéiner Vergaangenheet applizéiert, deen ee vu villen industrielle Projeten am Ausland kennt. Hei maache mer am Fong just de Contraire. An hei am Land gëtt et jo eng ganz Rei Projeten, mengen ech, déi déi dote Richtung ageschloen hunn a déi sech, mengen ech, och ganz kloer weise loosenen.

Diddeleng ass sécher d'Wéi vun der ARBED, mee, urbanisteschem gesinn, war d'Schmelz net accessibel. Et konnten natierlech nëmme déi dohinne goen, déi do geschafft hunn, an d'Schmelz huet sech geografesch och kloer vum Rescht vun der Stad ofgetrennt: Quartier Schmelz, Italien, awer och zum Zentrum. An duerch de Projet Neischmelz huet mer dat hei ganz kloer no.

Der Gemeng an och den Awunner vun der Stad Diddeleng war et och ëmmer wichteg – transitoresch an, ech mengen, och mam Developpeur zesummen, mam Fonds du logement –, de Site och deementspreechend ze beliewen. An dat hu mer regelméisseg gemaach mat enger ganzer Rei Initiativen um kulturellen, kënnschtlerechen, sozialen an och um sportleche Plang an och am Kader vun der Kulturhauptstadt am Joer 2007, awer och dëst Joer.

E komplett neie Quartier plangen, dat kascht natierlech vill Energie, sief et mam Opstelle vun de véier PAPen, mat de PAGen, an ech mengen, och do war et eis wichteg, vun Ufank un och d'Bierger an de participative Prozess mat eranzehuelen, well dëse Projeten mat där doter Envergure och déi néideg Akzeptanz brauch. An déi huet en och.

Natierlech, fir dass Neischmelz gelénge kann, ass en éischte Schratt hei och wichteg: natierlech déi intensiv Sanéierung, déi hei muss stattfannen, well mir wëssen, dass duerch déi industriell Aktivitéit natierlech Allaaschten do sinn. Och wa schonn eng Rei Hotspotte vum deemolege Proprietär ewechgehall goufen, muss, wéi gesot, nach eng weider Sanéierung gemaach ginn, déi deementspreechend jo iwwer 200 Milliounen kascht.

Dat ass natierlech och en nohaltege Quartier mat nohaltiger Zukunft, och fir Mënsch an Ëmwelt. En Ekoquartier ze sinn, ass natierlech eng wichteg Ausrichtung. En Challenge wäert awer bleiwen, dass, vun deene ronn 40 Hektar, 8 Hektar mussen kompenséiert ginn. An och do, mengen ech, muss nach vill Energie dragestach ginn.

Ech mengen, grad an dësen Zäiten, wou et ëmmer méi schwéier gëtt, en Daach iwwer dem Kapp ze hunn, ass och de gesunde Mix vu 55 % Locatioun a 45 % Verkauf e gesunde Mix nieft der funktioneller Mixitéit, wéi gesot, déi de Quartier huet.

Et ass och ze begrëssen – an ech mengen, dat war d'Engagement vun der Regierung 2005 –, en nationale Projeten kënnen ze kréien als Kompensatioun fir d'Aarbechtsplazen, déi verschwonne sinn. D'Filmstad ass



näischt ginn. Dass mer awer elo de Centre national de collections publiques kréien, dat ass ganz begrëssenswäert a bréngt engem och Satisfaktioun.

Här President, déi zwee virleend Projeten, d'Sanëierung an natierlech och de Bau vu Logementen, wou eng Verdichtung stattfonnt huet – den initiale Projet, dat ware 700 Wunnengen, elo leie mer, mengen ech, bei iwwer 1.500 –, droen all derzou bäi, dass mer hei effektiv e flotte Projet kréien. An ech ginn och den Accord vun der LSAP zu dësen zwee Projet-de-loien.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Biancalana. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, merci och der Rapportrice Madamm Ahmedova fir déi ganz gutt Erläuterungen zu deem Projet.

Ech hunn hei natierlech ganz vill Positives iwwert de Projet héieren an ech kéint mer d'Liewen och elo einfach maachen an déi Saachen hei mat engem schéine Laache widderhuelen. Ech probéieren, d'schéint Laachen ze behalen, mee ech wëll awer hei e puer Kritikpunkten dozou virbréngen.

Da passt emol op! Also eppes wëll ech awer direkt soen: Mir stëmmen och dëse Projet mat, well et awer ënnert dem Stréch e flotte Projet ass a well et eppes ass, wat mer am Moment och hei am Land brauchen. Mee trotzdem, mer müssen eis ëmmer bewosst sinn: Dat, wat mer haut op den Hochglanzbroschüre gesinn, gesäit alles ganz schéin aus, mee wéi ass d'Realitéit duerno, wann et gebaut ass? Wéi ass d'Realitéit, wa bis Leit do wunnen? Ass dat dann esou, wéi ee sech et elo virstellt? Op deene meeschte Plazen, wou dat geschitt, gesäit dat dann net méi esou schéin aus.

Wat mer gutt fannen, dat ass – an dat ass och elo grad gesot ginn, an do ass sech och lokal zu Diddeleng vun anere Parteien derfir agesat ginn – den Denkmalschutz, deen hei, mengen ech, schonn zimmlech virbildlech fonctionéiert huet, wou déi al Industriekultur vun Diddeleng, déi jo ganz wichteg ass, erhalte bleift. Dat ass eppes, wat sécherlech ze begrëssen ass a wat deem Ganzen och e gewëssene Charakter, eng gewëssene Identitéit wäert ginn, wat ganz flott ass, well fir de Rescht ass et jo awer erëm e bëssen: Mir baue Këschen, wou mir d'Leit dran aquartéieren.

Et ass gesot ginn: Jo, en nohaltege Quartier, sou vill wéi méiglech dann CO<sub>2</sub>-neutral an esou weider. Och schéin. Ech wëll awer och do eppes ze bedenke ginn. Mir bauen awer hei eppes, wat zimmlech grouss ass, wat doriwwer eraus och nach eng hallef Milliard Euro kascht. An eleng de Bau vun deem Ganzen, de Bau, dee wäert jo awer immens vill Emissiounen verursaachen. An et géif mech interesséieren, wéi vill Emissiounen dat dann am Ganze fir all déi Materialien, deen Transport, déi Aarbechten, déi do gemaach ginn, wäerte sinn.

*(Brouhaha)*

Wa mer wëllen Emissiounen verhënnern ... Hei si jo ganz vill Parteien, déi wëlle coûte que coûte Emissiounen verhënnern. Ben, wann Der wëllt Emissiounen verhënnern, dann dierft Der net méi bauen. Esou einfach ass dat. Dat ass en Tipp.

*(Interruption et hilarité)*

Ech kommen op en anere Punkt ... Dat ass d'Realitéit, et ass ganz einfach. Ech kommen op en anere Punkt, dat ass dann de Verkéier, dee virgesinn ass,

d'Mobilitéit vun de Leit. Do liest een dann: 0,8 Parking-plaze pro Wunneng si virgesinn. Bon, den 0,8, ech huelen un, dass do gescheit Leit sech och genee ausgeduecht hunn, wéi dat da praktesch soll fonctionéieren. Mee ech muss awer soen, dass dat awer trotzdem erëm eng Kéier eng Partie Problemer mat sech bréngt, warscheinlech änlech, wéi et och zu Elmen wäert geschéien, wou en änlecht Konzept ass, wou d'Leit müssen 300 Meter trëppele bis bei en Opfarparking, fir hiren Auto sichen ze goen.

Dat klénkt och ganz gutt an der Realitéit, mee deen Dag, wou et reent, deen Dag, wou Der vläicht eng Verletzung hutt, deen Dag, wou Der vläicht al sidd, wou behënnert Leit solle kommen, wou Der mat Äre Kanner ënnerwee sidd, wou et schnell muss goen, do stellt dat Iech awer viru grouss Problemer. Et ass dann einfach fir eis alleguerten, déi en Auto doheem an der Garage oder virun der Dier stoen hunn, ze soen, anerer sollten dann awer 300 Meter bis bei den Auto trëppelen oder am beschten op en Auto verzichten, well 0,8 Auto pro Wunneng, dat heescht jo dann, soe mer mol, wann do zwou erwuesse Persounen wunnen, dass se just oder mol net een Auto zegutt hunn.

Den ëffentlechen Transport, jo, dee gëtt do ausgebaut; dat ass gutt. Mir hunn och d'Zuchlinn direkt do. Ech hu se awer grad nogekuckt: Mam Zuch braucht Der elo vun Diddeleng bis hei an d'Chamber awer trotzdem eng Stonn. Bon, mam Auto ass et och net ëmmer einfach.

*(Brouhaha)*

Et huet een also d'Gefill ...

*(Interruption par la présidence)*

**Une voix** | Hei ass een, deen hëlt en ëmmer.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, et muss een zu Beetebuerg ëmsteigen, dat hëlt och Zäit. Majo, ech hunn et op mobilitéit.lu gekuckt.

*(Interruption par la présidence)*

Dat heescht, eng Stonn ass awer net wéineg. Also et huet een d'Gefill, dass d'Leit gezwonge ginn, hei op den Auto ze verzichten.

Loosse mer och nach eppes soen zu deem Konzept, wat hei och ëmmer erëm positiv no vir bruecht gëtt: d'Mixité sociale. Jo, dat klénkt ëmmer ganz gutt. An der Realitéit ass dat natierlech – dat weess ech och ganz gutt als Geograf – ganz rar. Hei am Land fannt Der wéineg Quartieren, wou der eng Mixité sociale hutt. An och hei stellen ech mer d'Fro, ob et wierklech dat wäert ginn. Well wann ech richteg verstanen hunn, gi jo awer hei all d'Wunnengen u Leit, déi, soen ech elo mol, manner verdéngen. Do si jo Limite festgesat. Dat heescht, mir kréie jo awer hei keng sozial Mixitéit. Mir kréien hei e Quartier, wou lauter Leit wunnen, déi manner verdéngen. Dat ass keng Mixité sociale.

D'Leit froe sech dann och – an ech hunn do och mat enger ganzer Partie Leit, och vun Diddeleng, geschwat –: Jo wie kéint dann elo dohinner wunnen? Well Dir wësst, do sinn och ëmmer e bëssen Ängschten domadder verbonnen an dat ass natierlech och deelweis nozevollzéien.

**Une voix** | Wisou? Wisou?

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Also ...

*(Interruptions)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Keup huet d'Wuert, a soss keen.

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech hunn iwwerhaupt näischt dozou gesot. Ech widderhuele just dat, ...

*(Interruptions)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Et ass just een, deen d'Wuert huet.

**M. Fred Keup** (ADR) | Maacht Iech wannechgelift net méi naiv, wéi Der sidd! Maacht keng Polemik hei, ech maachen och keng! A maacht Iech net méi naiv, maacht Iech net méi naiv, wéi Der sidd!

*(Brouhaha et hilarité)*

Maacht Iech net méi naiv, wéi Der sidd! Schwätzt mat de Leit! Ech hunn och mat Leit vun Diddeleng geschwat.

**M. Fernand Etgen**, Président | Elo ass et nach just um Här Keup an u soss kengem méi.

**M. Fred Keup** (ADR) | Déi si vun enger anerer Parteicouleur wéi ech an déi hu mer och gesot, dass se sech awer do Gedanke maachen. An dat ass eng Fro, déi sech stellt. An do sinn dann eng ganz Partie Gemengen, déi probéieren och, déi Saach ze léisen. An do gëtt et en interessante Verdeelungsschlüssel. Ech weess elo net, ob eppes an deem Sënn zu Diddeleng virgesinn ass, mee ech géif hinnen awer uroden, sech dat bei anere Gemengen ofzekucken.

Ech weess net genee, wéi de Verdeelungsschlüssel wäert fonctionéieren, mee et gëtt vill Gemengen, déi ginn de Leit aus der Gemeng eng Prioritéit no engem gewëssene Punktesystem, wou déi Leit, déi an der Gemeng wunnen, Punkte kréien: Wa se do opgewuesst sinn, kréie se Punkten, wann hir Kanner do wunnen, kréie se Punkten, wa se do schaffen, kréie se Punkten. An dat ass natierlech geduecht, fir der lokaler Populatioun – zum Beispill zu Elmen ass dat, mee et ass och an der Gemeng Déifferdeng, et ass an der Gemeng Dippech, hunn ech gesinn –, deene Jonken, déi aus der Gemeng oder aus der Regioun kommen, d'Prioritéit ze gi fir déi Wunneng.

An ech mengen, dat wier och hei en interessant Konzept, eebe grad fir och duerno d'Integratioun vun esou engem grouse Quartier an d'Stad Diddeleng ze verbesseren, wann do Leit sinn, déi sech schonn auskennen, déi hir Wuerzelen do hunn, déi d'Veräiner kennen an esou weider an esou fort. An ech mengen, dass dann och d'Akzeptanz fir esou eppes nach méi grouss wäert sinn.

Ceci dit, soen ech Iech villmools Merci fir d'Nolauscheren.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

*(Interruption)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Keup. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Fir d'éischt merci der Rapportrice, dem Semiray Ahmedova. Merci villmools fir de Rapport. A jo, all zousätzlech Wunneng, déi zu abordabele Präisser a Loyer zu Lëtzebuerg bewunnt ka ginn, begrëisse mir natierlech – an domat soen ech och direkt, dass mer den Accord ginn zu dësem Gesetz –, an esou ass et och beim Projet NeiSchmelz zu Diddeleng. Do soll dann op de fréieren Industrieterrainen op 36 Hektar en neie Quartier entstoën, dee Wunnraum fir ëm déi 3.000 Leit, mengen ech, bidde soll. A wann alles gutt geet, sollen déi éischt Wunnengen 2027–2028 fäerdeg sinn, bis de Site dann tëschent 2035 an 2040 komplett realiséiert soll ginn. Ech widderhuelen elo net alles, wat scho gesot gouf.

Méi generell dozou, den Direkter vum Fonds du logement huet virun e puer Wochen um Radio erkläert, firwat de Fonds net esou séier baut wéi Privatpromoteuren: Hir Projete si meeschtens ganz komplex,



d'Terraine sinn oft schwiereg, wéi hie selwer sot, a se sinn eeben oft contaminéiert, well et sech oft ëm Fricchen handelt, an d'Envergure ass eigentlech eng aner, wéi wann een zum Beispill um Ban de Gasperich, wéi de Flavio Becca, op enger grénger Wiss eng Bëttons-wüst baut fir iwwerdeiert Wunnengen, Prestigegebaier fir d'Big Four a megaloman Supermarchéen. Also do si mer a ganz anere Beräicher, wéi Der wësst.

E Site wéi d'NeiSchmelz zu Diddeleng veranschaulicht dës Problematik natierlech immens gutt. Esou e Site muss och da vun ëffentleche Bauträger gebaut ginn, well et eebe ganz grouss Contraintë ginn, den Assainissement vum Site, fir en eebe bewunnbar ze maachen. An d'Käschten heivir géif e Privatpromoteur aus Rentabilitéitsgrënn net droe wëllen, ausser e verkeeft d'Logementer duerno zu astronomesche Präisser, wéi Der Iech kënnt virstellen.

Zu Diddeleng fält d'Depollutioun vum Site zu Laaschte vum Staatsbudget, also der Allgemengheet, déi dës Site net polluéiert huet. Souvill also zum Prinzip vum Pollueur-payeur. Mir ënnerstëtzen d'Applikatioun vun deem Prinzip natierlech, stellen awer fest, dass en net applizéiert gëtt, wann de Pollueur ze grouss oder ze staark ass, wéi och an dësem Fall.

Am Budget fir dës Projet si 75 Milliounen Euro fir d'Depollutioun virgesinn. Op 36 Hektar mécht dat iwwer 2 Milliounen pro Hektar a ronn 21.000 Euro den Ar. Dat ass awer och net näischt a wäit ewech vum symboleschen Euro, wuel wëssend, dass dës Terraine jo net am Bauperimeter waren.

Virun e puer Méint hu mir als Äntwert op eng Fro un de Logementsminister gesot kritt, d'Depollutiounsaar-bechten um Site géife 47 Milliounen Euro kaschten; elo sinn et der 75. Vläch kann de Logementsminister mer erklären, wéi dës Hausse beim Montant ze erklären ass.

Donieft wéilt ech drop agoen, dass eis gesot ginn ass an dëser Äntwert, dass zousätzlech Pollutiounen, déi während den Ëmgruewungen, Demolitiounen a Bauarbeiten fonnt ginn, vum Fonds du logement en charge geholl ginn. Och d'CSL weist an hirem Avis op dës Problematik hin. Bedeit dat, dass esou Fraisen duerno mat an de Baupräis afléissen an d'Verkaufspräisser no uewen ugepasst ginn? Oder anescht gefrot: Bezuelen d'Leit mat Eligibilitéit op Aiden duerno d'Depollutioun vum Site indirekt mat? Och déi Fro kéint de Minister mer herno beäntweren.

Här President, zu der Konzeptioun vum Projet wëll ech nach follgend Punkten ervirhiewen. Wat d'Opdeelung tëscht Locatioun a Kaf ugeet, esou si mir do der Meinung, dass een nach méi hätt kënne fir d'Locatioun virgesinn. Dat ass jo och ëmmer erëm widderholl ginn an de leschte Méint, och vum Minister selwer, dass et do dee gréisste Besoin gëtt. Hei ginn awer och elo just 55 % fir d'Locatioun virgesinn. Bei vergaangene Projekte war dat, mengen ech, och schonn heiansdo e bësselche méi.

Mir bemängelen och hei, dass d'Léisung vun dem Kaf mat Emphyteos um Terrain net ganz duerchduecht ass. Zwar bitt se den Avantage, dass den Terrain am Besëtz vum Fonds du logement bleift, mee Stéit, déi méi eppes Grousses brauchen, zum Beispill no e puer Joer, kënnen net méi beim Fonds oder bei der SNHBM kafen a mussen dann op de Privatmarché, wou se ouni Plus-value op hirem Verkauf eigentlech keng Chance hunn. Dëst weist eis ganz einfach, dass mer, wéi Der wësst, vill méi e groussen ëffentleche Wunnenspark brauchen, deen och als Ganzst verwalt gëtt, an donieft natierlech steierlech a planeresch Instrumenter, fir d'Deierecht um Terrain an de Grëff ze kréien. Dat hate mer jo viru Kuerzem eréischt an enger Debatt hei ugeschwat.

E wichtegen Aspekt an der Presentatioun am Projet de loi ass d'Mobilitéit. Do sinn d'Virriedner och schonn zum Deel drop agaangen. D'Zil soll et sinn, d'duuss Mobilitéit staark ze favoriséieren, gutt Ubannungen un den ëffentlechen Transport ze assuréieren a parallel dozou d'Plaz fir den individuellen Auto ze reduzéieren.

Et ass ganz kloer fir eis, dass näischt laanscht deen dote Wee féiert. Mir ënnerstëtzen dat ganz kloer. Mir froen eis awer, ob dat duerno an der Praxis dann och esou wäert klappen, wéi et sech um Pabeier liest.

Diddeleng huet aktuell keng gutt Ubannung mam Zuch, säit d'direkt Zuchverbindung tëscht der Stad Diddeleng an der Stad Lëtzebuerg 2018 de facto age-stallt gouf. Tëscht Volmerange-les-Mines an der Stad gëtt et guer keng méi. D'Gare Diddeleng-Usines, déi mat dësem Projet opgewäert soll ginn, bitt also keng verstänneg Zuchverbindung ouni Ëmklammen, obwuel d'Verbindung um Gleis jo besteet. Heizou d'Fro och un de Minister: Wäert dës Direktverbindung an den nächste Joren erëm a Betrib geholl ginn?

An dann zum Schluss: Donieft schéngt et eis och, wéi wann de Quartier als eng Aart „Feel good“-Insel beschriwwe géif gi mat kuerze Weeër, Foussgänger a Vëloen. Ronderëm dës Insel ass awer en Trubel vun Duerchgangsverkéier, wat een net kann ignoréieren an och muss gesinn. Wann, esou wéi bei anere Proje-ten, d'Grenzregioun net an urbanistesche Mobilitéits-konzepter mat erageduecht, mat erageplangt gëtt respektiv d'Tatsaach, dass d'Leit aus Diddeleng eraus gréisstendeels an a ronderëm d'Stad schaffe fueren, da scheitern déi gutt gemengte Mobilitéitskonzepter ganz séier.

Mat dëse Bedenke gi mir awer eisen Accord, wéi och scho virun ugeschwat, zu dësem Gesetzesprojet an hoffen natierlech, dass an nächster Zukunft nach vill méi esou grouss ëffentlech Wunnensbauprojeten nokommen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madaam Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. D'Wunnsituatioun hei zu Lëtzebuerg ass nieft dem Klimaschutz an der Mobilitéit eng vun den zentralsten Erausforderungen an eiser Zäit. Wat deen haut virleiende Projet vun der NeiSchmelz ugeet, sou sti mir Piraten dësem ganz positiv géigeniwwer a wäerten déi zwee Projeeten och haut matstëmmen.

Mir begreifen, dass d'ëffentlech Hand d'Initiativ ergräift, fir ze bauen an deen esou dréngend noutwen-dege Bedarf u bezuelbarem Wunraum unzuegoen. Den ale Site vun der Schmelz zu Diddeleng, dee mat esou vill Traditionen a Geschicht a Verbindung bruecht gëtt, gëtt duerch dës Projet opgewäert.

Et ass wichteg, dass de Staat an d'Gemengen net op hire Baulandreserve sëtze bleiwen, mee déi eeben a sënnavoll Projeeten ëmsetzen. Et ass kee Geheimnis, mir Piraten soen: Dat am léifsten am Mietkauf fir 10 Euro de Meterkaree. Nëmme da schwätze mir Piraten och vun engem bezuelbare Wunraum. Well wat mech nawell heiansdo ferm stéiert, dat ass déi Argumentatioun, och heiansdo vun eenzele Politiker, wann ee seet: „Mir baue méi bëlle wéi de private Marché.“ Mee dat ass fir eis Piraten guer net méi d'Referenz! An dat seet de Statec och selwer. De Statec huet ganz kloer gesot, dass d'Wunnpäisser a kenger Bezéiung méi zum Salaire hei am Land géife stoen. Duerfir géif ech och d'Politiker bidden opzehalen, ëmmer ze soen: „Mir baue bezuelbar par rapport zum private Marché“, well dat ass nun emol iwwerdrifwen. D'Bauen

an d'Verlounen duerch de Staat sinn och den eenzege Wee, wéi d'Leit iwwerhaupt nach kënnen un eng Wun-neng kommen.

A bon, et huet mech e bëssen erfieert, dass d'ADR hei elo iergendeppes opgefouert huet, mee bon, dat si mer gewinnt vun deenen. Mee op eemol Leit, déi manner Akommes hunn, als geféierlech ze betiteln oder do iergendwéi ...

**M. Fred Keup (ADR)** | Nee, dat huet kee gesot!

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Dat hutt Der gesot.

**M. Fred Keup (ADR)** | Nee!

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Dir hutt hei gesot, déi Leit, déi manner Akommes hätten an dohinner géife wunne kommen, dat wär geféierlech, an dat fannen ech immens geféierlech vun Iech.

**M. Fred Keup (ADR)** | Nee, et huet kee gesot „geféier-lech“!

**M. Fernand Etgen, Président** | Här Keup, Dir hutt d'Wuert net.

**M. Fred Keup (ADR)** | Hei gi Saache behaupt, déi, ech géif soen ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Här Keup, Dir hutt awer d'Wuert net.

*(Interruptions)*

Ären Numm war net gefall.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Här Goergen, loosst Iech net stéieren.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | O, ech loosse mech net stéiere vum Här Keup. Ech mengen, ech hunn nach gutt héieren, wat den Här Keup gesot huet. An e ka senge Leit zu Diddeleng jo dann erklären, firwat dass Leit mat engem klengen ...

**M. Fred Keup (ADR)** | Den Här Keup huet net „geféier-lech“ gesot.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | ... Akommes op eemol bedenklech wäeren, wat mir Piraten guer net verstinn.

**M. Sven Clement (Piraten)** | „Faschisten hören nie-mals auf, Faschisten zu sein.“

**M. Fred Keup (ADR)** | Jo, Clownen a Faschisten, ne?

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Och, Här Keup, Dir kënnt Iech dach ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Wannechgelift!

*(Interruption)*

Dir sidd net zoustänneg fir ze kucken, ob déi do roueg sinn oder net.

*(Interruptions)*

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Här President, kann ech weiderfueren, wann den Här Keup sech erëm ofgereegt huet? Ech weess, et ass ëmmer blöd, wann Der entlarvt gitt.

*(Interruptions)*

Ech hunn och mat den Diddelenger Piraten geschwat, déi dës Projet als ganz gutt empfongt hunn, well et e selbststännegen, ...

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo et hilarité)*

... well et e selbststännegen ... Nee, et muss ee jo och luewen. Also ech mengen, dee Projet, deen do ausgeschafft ginn ass – an ech ginn et och éierlech zou –, wéi mer deen déi éischte Kéier an der Kommissioun presentéiert kritt hunn, hunn ech e méi kritisches gesinn, wéi mer herno erausgaange sinn. De Minister ass komm mat den eenzele Beamten. Si hunn eis de Projet erkläert. An esou wéi de Projet virläit, gefält e



mer zimmlech gutt, sief et, well en herno zimmlech autonom ka fonctionnieren, sief et wéinst de Caféen, Restaurants, Epicerien an der Mobilité douce, vun de Vélospiste bis alles dat, dat ass besser ginn, wéi ech eigentlech am Ufankstext geduecht hat.

Dat muss een och eng Kéier positiv ervirhiewen, dass d'Gemeng Diddeleng souwéi de Minister awer do eng positiv Aarbecht gemaach hunn. An dat ass och de Feedback, deen ech vun de Piraten zu Diddeleng kritt hunn. Dass et elo nach CO<sub>2</sub>-neutral ass, ass natierlech e kleng Bonus drop, wat deemspriechend ganz positiv ass. Sécherlech hätt een nach e bësse méi bezuelbare Wunnraum kënne maachen, alleguerten déi eenzel Formullen. Bon, ok! Do kann een ëmmer nach driwwer diskutieren. Mee am grouse Ganze wäerte mir deenen zwee Projeten haut zoustëmmen, well se eis ganz gutt gefalen. An et ass eeben dat, wat mer brauchen: bezuelbare Wunnraum vum Staat, vun de Gemengen.

Ech hat elo ganz rezent eréischt eng Question parlementaire un den Henri Kox gestallt, well mer zu Péiteng jo och nach esou e Site hunn op der sougenannter „aler Eucoisider“. An Dir hutt ganz positiv geäntwert, dass och do Potenzial wär vun 350 bis 400 Wunnengen, déi ee kéint bauen, wou ech mech da freeën, dass hoffentlech do och eng Kéier wäert elo e Projet kommen, well och ganz déif am Süden zu Péiteng bräichte mer dréngend bezuelbare Wunnraum.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen.

**M. Fred Keup** (ADR) | Här President, kann ech e Fait personnel froen? Ganz kuerz.

**Une voix** | Jo.

**M. Fernand Etgen**, Président | Dir dierft dat, Här Keup, well Dir waart zum Schluss nach eng Kéier ernimmt ginn. Am Ufank net.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech hunn en e puermol ernimmt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Duerfir ginn ech elo d'Wuert un den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Et ass keng Fro. Et ass just ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Et ass keng Fro.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ma ech hunn Iech jo ernimmt, vun dohier ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Nee, ech wëll et awer richtegstellen. Also ech hunn hei absolut net gesot, dass d'Leit do géife mengen, dass dat geféierlech wär. Dat Wuert „geféierlech“ hunn ech net gebraucht. Dofir wëll ech dat kloerstellen. Wann hei Leit kommen, déi e puermol behaupten, ech hätt dat Wuert gesot: Dat ass falsch.

Ech hu gesot, do si Leit, déi maache sech Suergen, an déi kann ee sech jo och maachen, wann en neie Quartier vun 3.500 Awunner op enger Plaz entsteet. An ech hunn hei just dat erëmginn, wat déi Leit mir gesot hunn.

**Une voix** | De Verbatim wäert Beweiser liwweren.

**M. Fred Keup** (ADR) | Keng onnéideg Polemik maachen, mee ech hätt gären, dass d'Saachen hei richteg gesot ginn an d'Leit hei net falsch zitieret ginn. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci fir déi Kloerstellung.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Wësst Der, de Virdeel ass, et ass alles opgehoill ginn.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, jo.

**M. Fernand Etgen**, Président | An d'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Logementsminister Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

### Prise de position du Gouvernement

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Här President, léif Kolleegen, merci der Rapportrice fir deen exzellente schrëftlechen a mündlechen Rapport.

E ganz wichtige Projet. An ech sinn duerfir immens houfreg, awer och frou, dass d'ganz Chamber deen awer ënnerstëtzt – an ech wäert herno och nach eng Kéier op déi eenzel Froen kënnen agoen –, an duerfir awer am Viraus emol en décke Merci.

Ech wollt awer och eng Kéier de Bou schloen zu deenen Aktiounen, deem Engagement, dee mer zesummen – an ech soen hei „zesummen“ –, de Staat an d'Gemengen, am abordabele Wunnengsraum de Moment maachen. Ech mengen, den Här Hahn huet se opgezielt, déi fënnf Projeten, déi mer iwwert déi lescht Méint hei gestëmmt hunn, an haut reit sech deen hei dann an déi Serie mat eran.

A mir kommen haut – zesumme mat deene Suen, déi mer hei da vun Iech wäerte gestëmmt kréien – op e Chiffer vun 1,06 Milliarden. Dat ass net näischt an d'Resultat dovun sinn 2.000 Wunnengen, déi abordabel, effentlech, an dann en drëtze Begrëff, nohalteg sinn. Net aus der grénger Iwwerleeung vun Nohaltegkeet, mee se bleiwen nohalteg abordabel, zougänglech. An et ass jo dat – an dat widderspricht och vläicht e bëssen deem, wat d'Madamm Oberweis gesot huet –, mir mussen den Iwwergang schafen, dass déi och op de private Marché kommen. Mir dierfen awer net de Feeler maachen, dass subventionéiert Wunnengen um Privatmarché Plus-valuë kréien, well dann hu mer dat erëm falsch gemaach, wat mer an der Vergaangenheet gemaach hunn.

An duerfir mussen mer vläicht iwwerleeën, den Iwwergang ze maachen, an do schaffe mer och weider drun, wann déi Gesetzter hei all duerch sinn, fir nämlech nach den Iwwergang tëscht deenen effentlech subventionéierte Wunnengen an deenen um private Marché ze maachen. An ech mengen, do ass och den Encadrement ... An da kommen ech eeben zu der Strategie vum Wunnengsbauminister zesumme mat der Regierung, nämlech, éischstens, den abordabele Wunnengsraum an der effentlecher Hand auszubauen, an dat Zweet ass awer grad esou wichtig, nämlech den Encadrement vum private Marché, sief et vum Loyer, an do kommen ech jo selwer en charge, wat de Bail à loyer ubelaangt, an natierlech och alles, wat mer zesummen elo mam Interieur an och mat de Finanzen am Beräich vun der Grondsteuer maachen.

Ech kommen awer zrëck zum Projet selwer. Et sinn zwee Projeten. Dat beäntwert da vläicht déi Fro vun der Madamm Oberweis. Ech hunn awer a mengen Notten no de Chiffere gekuckt – ech hu se net genau derbäi gehat –, wat d'Sanéierung am Endeffekt och kascht: Se ass elo mat 70 Milliounen ugesat, wat eleng dee Beräich ubelaangt. Well deen éischte Projet de loi, dat si jo schliisslech 235 Milliounen, déi opbruecht mussen ginn; niewent dem Assainissement ass dat de Reamenagement vun der Diddelenger Baach, et ass de Patrimoinegesetz kruten, dass mer och déi Gebaier wäerten zukünftig schützen. An da sinn nach eng ganz Rei Infrastrukturen niewendrun an den Assainissement. Op déi Zuele kënne mer an enger nächster Kommissioun nach eng Kéier am Detail agoen, da wäerte mer och déi liwweren.

Dat zweet Gesetz, dat ass a sech deen eigentleche Wunnengsprojekt. Deen ass hei mat 272 Milliounen chiffréiert. Dat heescht, haut stëmme mer eng hallef Milliard fir den effentleche Wunnengsbau, an dat ass net näischt.

An duerfir mengen ech, dass mer och ganz gutt ënnerwee sinn elo. Ech mengen, da kann ee sech awer och déi Zuelen nach eng Kéier duerch de Kapp goe loos. Dat ass dee Fonds spécial, dee mer jo an d'Liewe geruff hunn, wéi am Transport. Fir mech mussen mer an Zukunft op déi hallef Milliard kommen, kuerz- oder mëttelfristeg, pro Joer, soudass mer eng Kéier all Joers eng 1.500 Wunnengen kënne subventionéiert op de Marché ginn, zumindest dass elo mol ugefaang gëtt an der Produktioun, dass mer lassginn.

A mir si gutt ënnerwee. Ech rappeliéieren Iech just déi Chifferen, déi am Fonds spécial zrëckzefanne sinn. Ech komme jo mam Fonds spécial, mam Detail an d'Chamber a mir hunn eng Debatt do driwwer. Virun 2017 ware mer an der Moyenne bei 40 Milliounen pro Joer; 2020, fir déi Chifferen ze soen, ware mer scho bal bei 100 Milliounen; 2021 bei 171 Milliounen; a fir dëst Joer sinn 330 Milliounen virgesinn.

Dat heescht, mir sinn ënnerwee, mir sinn zesummen ënnerwee. An ech betounen dat nach eng Kéier, dass mer dat zesumme mussen schëlleren, nämlech de Staat, deen déi néideg Moyenen an Hëllefstellungen zur Verfügung stellt, awer och d'Gemengen, déi an der Responsabilitéit sinn, fir dat da kënnen ëmzesetzen.

Et ass vill iwwer Mixitéit geschwat ginn. An dat war jo och eng Demande vun der Chamber, dass mer dat Gesetz iwwert d'Abordabilitéit mussen fäerdeg maachen, an et ass jo och deposéiert ginn. An dat beäntwert vläicht och d'Fro vum Här Lies: Dee Projet ass iwwer ganz vill Méint a Joren ausgeschafft gi mat den Associatiounen. D'Avisen kommen esou lues eran. D'Diskussionen féiere mer iwwert d'Mixitéit an deene grouse Projeten. D'Mixitéit ass ginn. Hei ass elo e Mix vu 55 % Locatiounswunnengen. Mir hu gesot an deem Gesetz, dat kéint bis an d'Mëtt vun der Gesellschaft eropgoen, bis de fënneften Decile. An derniewent maache mir hei eng Vente vu 45 %, 35 % zu der Vente abordable an dann à coût modéré. Dat heescht, mir ginn an deem Projet Diddeleng an d'Mixitéit eran, wou mer 70 % vun eiser Gesellschaft d'Méiglechkeet ginn, do kënnen ze wunnen.

An ech mengen, dass dat sech ganz gutt an Diddeleng wäert integréieren. Wann ech dann elo d'Evolution vun Diddeleng kucken, dee Wuesstum, dee se déi lescht 15 Joer hate bis 2020, mécht dëse Projet an der Evolution vun der Zäit da schlussendlech 13 % vun der Bevëlkerung aus, wa mer bei déi 1.575 Wunnengen kommen, déi hei elo virgise sinn, fir zu Diddeleng ze bauen, esou dass dat sech integréiert, ganz gutt integréiert. An ech kommen herno nach eng Kéier zrëck op d'Densitéit, well dat ass den Challenge, dee mer hunn, fir och zukünftig vläicht nach vill méi an d'Densitéit ze goen.

Zum Projet selwer nach. Dat hei ass en éischte Worf. Dir wësst, wa mer fäerdeg sinn, wäerte mer eng déck 1,2 Milliarden zu Diddeleng investéieren, well et ass jo éischstens de Sanéierungsprojekt, den éischte Projet vum Bauen an da bleiwe jo nach de PAP 3 an de PAP 4 ze bauen an och ze stëmmen.

De PAP 3 ass dee vun Süden, do, wou jo och d'Kultur e wansinneg flotte Projet wäert integréieren, nämlech e Lager vu sämtleche Konschtwierker, déi mer disparat am Land hunn. An do kann een extreem gutt Synergie sichen, fir dann an der Gemeng selwer Aktivitéite ronderëm ze maachen.



An da kënnt nach de Quartier italien, dee jo och mat integréiert gëtt an enger zweeter Phas, soudass mer awer e ganz flotte Projet wäerte kréien.

Vläicht zu de Froen nach, dat ass awer ganz wichteg, well ëmmer vun der Längt geschwat gëtt, wat dat esou dauert. Et muss een awer eréischt vun do u rechnen, wou de Staat dee Projet kritt huet: 2017. Virdu ware laang Verhandlung mat engem Privaten. A firwat hu mer dat net éischter kritt? Well do héchstwahrscheinlech een net esou richteg d'accord war, dozou iwwerzegoen, dass d'effentlech Hand dat da géif iwwerhuelen. An da kënnt eeben och déi Geschicht mat der Densitéit eran. Et ass déi Densitéit vun der Rouder Lëns, fir just dat awer mat an d'Waagschale ze ginn.

D'Rout Lëns: Ech war de Méinden de Mëtten zu Esch, fir och dee Projet weiderzedreiwien, well dee fält jo an de Plan sectoriel. An do mussen 30 % Abordabeler entstoen. Mee d'Densitéit ass do 132 Logementer pro Hektar; d'Densitéit zu Diddeleng ass elo bei 50. A leider muss ech et awer soen: Wann d'effentlech Hand, SNHBM oder de Fonds de logement, op d'Gemenge geet a se komme mat engem Projet, fir abordabele Wunnensraum ze schafen, da sinn d'Diskussiounen anerer, wéi wann e Privatpromoteur kënnt, sou wéi dat elo zu Esch de Fall ass, deen herno awer 132 Logementer pro Hektar ka maachen.

An da kann een nach aner Diskussiounen féieren. Da kann een och un anere Finanzéierungsmodeller schafen. An duerfir, mengen ech, kéinte mer eng Kéier an der Kommissioun vergläichen, wéi déi Projeten entstinn, firwat déi eng Densitéit vun 100 Logementer pro Hektar kréien, an déi aner 50. An dat ginn ech Iech gär un, well do ass och de Schlëssel, fir méi abordabel Wunnengen kënnen ze schafen.

Eng weider Fro, mengen ech, vum Här Goergen nach eng Kéier. De Projet de loi iwwer abordabel Wunnengen definéiert nämlech dat, wat deen Eenzelen herno muss an der Locatioun bezuelen. An dat ass den Taux d'effort. Mir wäerte fir déi, déi am Decile 1 sinn, déi eng Wunnung zu Diddeleng kréien oder zu Elmen oder zu Wolz oder zu Mamer oder an engem anere Projet ..., déi musse just, jo, 10 % vu hirem verfügbaren Akommes fir eng Wunnung opbréngen, soudass se herno vläicht bei 10 % landen, déi se mussen opbréngen vun hirem Akommes – eppes anescheres wéi dat, wat een haut muss finanzéieren, wann een um Privatmarché muss lounen, well do hu mer ganz vill Leit, déi iwwer 50 % vun hirem Akommes mussen opbréngen.

An dofir ass et esou wichteg, dass mer dee Park vun abordabele Wunnengen an effentlecher Hand opbauen, fir dass mer deenen dat kënnen zur Verfügung stellen, well dat ass eng Cohésion sociale, well soss hu mer déi op engem aneren Niveau leien.

A mir droen deem Rechnung, wat Dir d'lescht Woch – oder wat et elo virun zwou Wochen? – gestëmmt hutt, nämlech, wat an d'Verfassung stoe kënnt: Recht op Wunnen, net Recht op Propriétéit. Recht op Wunnen, digne ze wunnen, dass jidderee fir säin Akommes eng würdeg Wunneng féint. An dat ass hei mat deem Projet awer gelungen. An ech mengen, duerfir merci alleguer fir d'Zoustëmmung. An ech freeë mech, a mir ginn nämlech den nächste Mëttwoch zesumme mam Buergermeeschter vun Diddeleng op Diddeleng de Projet virstellen. An ech freeë mech op déi Diskussioun, fir de Projet och den Diddelenger Leit an der ganzer Envergnure virzestellen an natierlech iwwert d'Mobilitéit ze schwätzen. Ech hunn nach eng Kéier séier nogekuckt, Här Keup, et gëtt en Zuch, 35 Minuten, mengen ech, vun Diddeleng an d'Stad. Also mir hu genuch Zich, déi, och mat Ëmsteigen, d'Leit séier vun Diddeleng an d'Stad heihinnerbréngen.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Wunnensbauminister Henri Kox. A Parole après ministre fir d'Madam Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Ech weess zwar elo emol net, ob ech genannt gouf, mee ech wollt eng Fro stellen, well ech mer net sécher sinn, ob ech eng Äntwert op déi Fro krut: Wéi dat geet, wann elo während den Aarbechten nach Pollutionen fonnt ginn, wéi déi Käscht gedroe ginn. Do hunn ech déi Fro gestallt, ob d'Leit duerno déi Käschten an hire Präis mat eragerechent kréien. Enfin, et steet do, de Fonds du logement géif déi Käschten da mussen droen. Wéi geet dat?

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Nee. Also ech mengen, wann ech dat elo richteg interpretéieren, wat ech selwer deposéiert hunn, nämlech déi zwee Gesetzter: En éischt Gesetz ass dat vun der Pollution, an dat muss deem do Rechnung droen, an de Rescht, wat d'Wunneng ugeet, dat gëtt herno zu de Käscht geholl, wat deen Eenzele muss bezuelen. Also d'Sanéierung selwer huet näischt duerno mat de Wunnengskäscht ze dinn. Wat déi, déi lounen ..., do kucke mer jo a sech net dat, wat gebaut gouf, ob dat elo 500.000 d'Wunneng kascht oder 400.000 oder 600.000. Dat heescht, do gëtt jo just den Taux d'effort vun deem Eenzele gekuckt. Dat beschreift d'Gesetz iwwert de Logement abordable, wat jo viru Kuerzem, am Dezember, deposéiert ginn ass.

A wat d'Vente à coût modéré ubelaangt respektiv d'Abordabel, ginn a sech just d'Gebailcheekte berüksichtegt. De Fong selwer, d'Sanéierung, muss iwwert d'Gesetz APL 1 ofgeschloss ginn, a wann do Meerkäscht dropkommen ... Et ass jo och en Deel, dee souwiso iwwert d'Ëmwelt subventionéiert gëtt; et ass en Deel, dee vun eis iwwerholl gëtt iwwert de Fonds spécial an en Deel iwwert d'Ëmwelt. An do gi mir eis schonn eens. Awer de Käscht punkt selwer, wann nei Saache wäerten entdeckt ginn, dee wäert sécherlech net dozou féieren, dass déi Wunnengen, déi an d'Vente ginn, awer an der Emphytheos, dass dann de Präis do no uewe ka gedriwwen ginn.

Mir kommen awer gär nach eng Kéier am Detail an enger Kommissioun drop zréck. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Kox. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7926. Dat ass deen iwwert d'Sanéierung an d'Revalorisation. Den Text steet am Document parlementaire 7926<sup>3</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7926 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7926 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par Mme Octavie Modert), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff*

*(par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo bei de Projet de loi 7927, deen iwwert d'Finanzéierung. Den Text steet am Document parlementaire 7927<sup>3</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7927 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dese Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Félix Eischen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusti Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung si fir den 30. an 31. März virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 16.40 heures.)





## Sommaire

| Objet                                                                                              | N°   | Auteur                              | Page | Objet                                                                                                                                                                | N°           | Auteur                                  | Page |
|----------------------------------------------------------------------------------------------------|------|-------------------------------------|------|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|--------------|-----------------------------------------|------|
| Mise à disposition de moyens de communication aux réfugiés ukrainiens                              | 6100 | Viviane Reding                      | 72   | Cigarette électronique jetable                                                                                                                                       | 6275         | Carole Hartmann, Claude Lamberty        | 88   |
| Infrastructure cyclable sur l'axe du pont Bech au Kirchberg                                        | 6149 | François Benoy                      | 72   | Aides suite aux inondations du mois de juillet 2021                                                                                                                  | 6276         | Max Hengel, Léon Gloden, Octavie Modert | 88   |
| Impact de l'évolution des utilisateurs du train sur le matériel ainsi que l'infrastructure des CFL | 6158 | Jeff Engelen                        | 72   | Double diplôme de fin d'études secondaires                                                                                                                           | 6277         | Martine Hansen, Marc Spautz             | 89   |
| Secteur des taxis                                                                                  | 6164 | Roy Reding                          | 73   | Situation des chercheurs luxembourgeois travaillant à l'étranger                                                                                                     | 6278         | Fernand Kartheiser                      | 89   |
| Contrat avec fournisseur de gaz naturel                                                            | 6192 | Marc Goergen                        | 73   | Procès-verbaux dressés contre des automobilistes                                                                                                                     | 6280         | Sven Clement                            | 89   |
| Procédure d'inscription au Lycée technique pour professions de santé                               | 6213 | Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis | 74   | Accidents avec des faons lors des travaux de fauchage                                                                                                                | 6282         | Jeff Engelen                            | 90   |
| Pompes à chaleur                                                                                   | 6217 | Paul Galles                         | 74   | Charges locatives de logements publics                                                                                                                               | 6283         | Nathalie Oberweis                       | 90   |
| IRM au Centre Hospitalier du Nord                                                                  | 6221 | Carlo Weber                         | 75   | Écrivains au programme de l'enseignement secondaire                                                                                                                  | 6284         | Fred Keup                               | 91   |
| Soumissions publiques                                                                              | 6222 | Sven Clement                        | 75   | Introduction d'une charte des bonnes pratiques pour l'industrie du film                                                                                              | 6285         | Fred Keup                               | 91   |
| Centre Hospitalier du Nord                                                                         | 6223 | André Bauler, Carole Hartmann       | 76   | Cannabis médical                                                                                                                                                     | 6287         | Max Hahn, Carole Hartmann               | 92   |
| Problématique dans les structures d'éducation et d'accueil                                         | 6230 | Nancy Arendt épouse Kemp            | 76   | Prix du lait                                                                                                                                                         | 6288         | Gilles Baum, Gusty Graas                | 92   |
| Système radar mobile, appelé « Monocam »                                                           | 6235 | Gusty Graas, Max Hahn               | 77   | Risques de fumer la chicha                                                                                                                                           | 6289         | Jeff Engelen                            | 93   |
| Extension de la disposition permettant un recours à la peine de mort en Biélorussie                | 6238 | Gusty Graas                         | 77   | Impact de l'interdiction de la chasse au renard                                                                                                                      | 6290         | Fred Keup, Jeff Engelen                 | 93   |
| Plafonnement des prix du gaz                                                                       | 6245 | Mars Di Bartolomeo                  | 77   | Étude dans le cadre de l'interdiction de la chasse au renard                                                                                                         | 6291         | Fred Keup, Jeff Engelen                 | 94   |
| Augmentation du nombre d'affaires de pédopornographie                                              | 6246 | Mars Di Bartolomeo, Dan Biancalana  | 78   | Aides aux entreprises dans le cadre de l'engagement des stagiaires                                                                                                   | 6292         | Fernand Kartheiser                      | 94   |
| Sécheresse actuelle                                                                                | 6247 | André Bauler, Gusty Graas           | 78   | Prix du carburant                                                                                                                                                    | 6294         | Martine Hansen, Gilles Roth             | 87   |
| Révision des règles pour les élections européennes                                                 | 6250 | Mars Di Bartolomeo                  | 79   | Centres de compétences                                                                                                                                               | 6295         | Simone Asselborn-Bintz                  | 94   |
| Recul dans l'industrie des fonds                                                                   | 6254 | Mars Di Bartolomeo                  | 79   | Jour de congé dans l'enseignement dans le cadre de la procession dansante d'Echternach                                                                               | 6297         | Fred Keup                               | 95   |
| Utilisation de l'eau de la Moselle comme eau potable                                               | 6255 | André Bauler, Gusty Graas           | 80   | Sacred Heart University (SHU)                                                                                                                                        | 6298         | Octavie Modert                          | 95   |
| Éclairage le long des autoroutes                                                                   | 6257 | Marc Goergen                        | 80   | Thérapies de conversion                                                                                                                                              | 6301         | Djuna Bernard                           | 96   |
| Démolition partielle du château d'Eisenborn et travaux en zone verte                               | 6259 | Myriam Cecchetti                    | 80   | Nouvelles consignes pour l'aménagement et le mobilier des dortoirs au sein d'un service d'éducation et d'accueil (SEA) pour jeunes enfants âgés de moins de deux ans | 6303         | Martine Hansen, Max Hengel              | 96   |
| Catalogue de critères permettant la mise en place d'un système de subsides pour les médias locaux  | 6260 | Francine Closener, Lydia Mutsch     | 81   | Prestations familiales                                                                                                                                               | 6305         | Fred Keup                               | 97   |
| Application DIJA                                                                                   | 6262 | Sven Clement                        | 81   | Nettoyage de voitures électriques dans une station de lavage                                                                                                         | 6307         | Fernand Kartheiser, Jeff Engelen        | 97   |
| Avertissements aux cyclistes                                                                       | 6263 | Sven Clement                        | 82   | Prise en charge par la CNS                                                                                                                                           | 6308         | Martine Hansen, Marc Spautz             | 98   |
| Mobbing en milieu universitaire                                                                    | 6265 | Marc Spautz                         | 82   | Vaccins contre la grippe                                                                                                                                             | 6310         | Gusty Graas                             | 98   |
| Digitalisation dans le secteur de la santé                                                         | 6268 | Marc Spautz                         | 83   | Indemnisation des étudiants en médecine effectuant un stage                                                                                                          | 6311         | Diane Adehm                             | 98   |
| Impact de la guerre en Ukraine sur l'approvisionnement alimentaire                                 | 6269 | Marc Spautz                         | 83   | Épidémie de bronchiolite                                                                                                                                             | 7153 urgente | Carole Hartmann, Gilles Baum            | 99   |
| Chiffres pour l'année 2021 présentés récemment par l'Inspection du travail et des mines            | 6270 | Marc Spautz                         | 84   |                                                                                                                                                                      |              |                                         |      |
| Suivi du renard                                                                                    | 6272 | Martine Hansen                      | 85   |                                                                                                                                                                      |              |                                         |      |
| Commission consultative de l'intérêt supérieur de l'enfant                                         | 6273 | Nathalie Oberweis                   | 87   |                                                                                                                                                                      |              |                                         |      |
| Impact du « Tankrabbat » sur la vente de produits pétroliers au Luxembourg                         | 6274 | Fernand Kartheiser                  | 87   |                                                                                                                                                                      |              |                                         |      |



**Mise à disposition de moyens de communication aux réfugiés ukrainiens** | Question 6100 (26/04/2022) de **Mme Viviane Reding** (CSV)

Tous les réfugiés en provenance de l'Ukraine sont confrontés à de nombreux défis ici au Luxembourg, dont les coûts de télécommunication. Ainsi, il s'avère important pour eux à ce qu'ils puissent se connecter à travers l'Europe et rester en contact avec leurs familles respectives en Ukraine.

C'est dans ce contexte que j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Communications et des Médias :

– Comment le Gouvernement songe-t-il à aider les réfugiés ukrainiens pour qu'ils puissent mieux se connecter ?

– Monsieur le Ministre est-il en contact avec les opérateurs luxembourgeois de télécommunications pour trouver une solution voire une offre pour les personnes concernées ?

**Réponse** (11/05/2022) de **M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias

Le Ministre des Communications et des Médias a fourni les éléments de réponse à ces questions dans sa réponse à la question parlementaire n° 6060 et dans le cadre de son intervention à la Chambre des Députés le 28 avril 2022 suite à la motion de l'honorable Députée relative à l'offre des opérateurs de télécommunication pour les réfugiés en provenance de l'Ukraine.

**Infrastructure cyclable sur l'axe du pont Bech au Kirchberg** | Question 6149 (05/05/2022) de **M. François Benoy** (déi gréng)

En mars 2021, le conseil communal de la Ville de Luxembourg a adopté avec les voix de la majorité un devis de 2,4 millions d'euros pour la réhabilitation du pont Joseph Bech au Kirchberg. Ce projet prévoit que le trottoir pour les piétons reste inchangé tandis que l'espace pour les voitures sera augmenté de 90 cm et que la voie cyclable soit rétrécie de 20 cm de chaque côté et reste une piste physiquement non séparée de la route.

Cette approche est diamétralement opposée aux conclusions de l'étude Gehl, commanditée par le Fonds d'urbanisation et d'aménagement du plateau de Kirchberg, ci-après Fonds Kirchberg. En effet, cette étude de 2019 (« Kirchberg : Public Spaces for People, Strategies and Tools ») recommande justement d'améliorer l'infrastructure cyclable sur l'axe du pont Bech, qui traverse le Val des Bons-Malades vers le vieux Kirchberg, « by adding a continuous bicycle connection ». Les experts du bureau danois expliquent ensuite que la qualité des infrastructures cyclables « should be for all ages and abilities, meaning that the quality should not just be for people with a lot of experience in cycling but also for kids and other groups with less experience in cycling », avant de recommander explicitement pour l'axe du pont Bech une piste cyclable physiquement séparée et de préférence à sens unique de chaque côté de la route.

Récemment, le Collège échevinal de la Ville semble revenir sur cette approche. Lors d'une interview au « Tageblatt », l'échevin en charge de la mobilité à la Ville de Luxembourg a déclaré qu'une version retravaillée du projet prévoit désormais de préserver l'espace cycliste pour réduire celui des voitures. Face à la suggestion de limiter la circulation sur le pont Bech aux piétons, cyclistes et transports publics, l'échevin a par ailleurs répondu que cette option n'était pas envisagée, mais qu'il suppose que cette éventualité a été discutée avec le Fonds Kirchberg.

Dans ce contexte, je voudrais avoir les informations suivantes du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Est-ce que le Fonds Kirchberg, établissement public sous tutelle du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics, est associé à l'élaboration et à la réalisation des travaux de réhabilitation du pont Bech ?

2) Y a-t-il eu des discussions avec le Fonds Kirchberg sur la possibilité de réserver le pont Bech aux piétons, cyclistes et transports publics, tel que l'échevin l'a supposé lors de l'interview prémentionnée ?

3) Le projet s'insère-t-il de manière cohérente dans le réseau cyclable actuel et futur du plateau ? Quel serait, pour le ministère, l'aménagement idéal sur ce pont, respectivement pour la connexion entre le plateau et le vieux Kirchberg ?

**Réponse** (09/06/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) Le pont Bech se trouve en dehors de la compétence territoriale du Fonds Kirchberg. La Ville de Luxembourg est responsable pour toute question quant à la réhabilitation de l'ouvrage. Le Fonds Kirchberg n'est dès lors pas associé à l'élaboration et à la réalisation des travaux de réhabilitation du pont Bech.

Par contre, la Ville de Luxembourg a demandé si le fonds envisage de réaliser le raccordement de la piste cyclable du pont Bech au boulevard Adenauer. Sur base d'un plan reçu par la Ville de Luxembourg en septembre 2021, le fonds s'est engagé auprès de la Ville de prévoir le raccordement au réseau cyclable du Kirchberg au moment de la réhabilitation du pont Bech.

Le fonds a également signalé à Luxtram que le pont Bech sera réaménagé et que les nouveaux aménagements devront être considérés dans le projet du tram sur le boulevard Adenauer.

ad 2) Jusqu'à présent, il n'y a pas eu de discussions entre la Ville de Luxembourg et le fonds quant à la possibilité de réserver le pont Bech à la mobilité douce et le transport public.

ad 3) L'étude Gehl a identifié l'axe du pont Bech comme un lien cyclable important. De manière générale, cette stratégie recommande la création d'infrastructures cyclables en site propre séparées du trafic motorisé et des piétons et ce partout où un apaisement de trafic suffisant pour assurer une bonne cohabitation entre cyclistes et véhicules motorisés ne peut être réalisé.

Dans le Plan national de mobilité, l'importance d'un réseau cyclable permettant un accès aisé et sûr à toute destination est clairement identifié comme un enjeu majeur. Cela inclut la nécessité de séparer les cyclistes du trafic motorisé mais également des piétons partout où les volumes de flux le rendent nécessaire.

Toutefois, il y a généralement plusieurs possibilités pour réaliser une liaison cyclable satisfaisante et cohérente avec les planifications alentour, selon la classification fonctionnelle retenue du tronçon de route concerné. Si la route concernée doit avoir dans le réseau une fonction de distribution, voire de liaison, alors une infrastructure cyclable séparée physiquement sera nécessaire. Si le rôle de la route est par contre uniquement celui de desservir les adresses du secteur, alors une solution en trafic mixte est envisageable, à condition de réaliser un apaisement de trafic suffisamment conséquent en éliminant tout trafic de transit. Cet apaisement peut également être réalisé de différentes manières : par exemple par le recours à des filtres modaux ou à des sens uniques.

Toutefois, le pont Bech étant une route communale, il n'appartient ni au Ministère de la Mobilité et des

Travaux publics ni au Fonds Kirchberg de se prononcer sur le rôle de la route en question dans le réseau routier et donc de l'infrastructure cyclable la plus appropriée à cet endroit.

**Impact de l'évolution des utilisateurs du train sur le matériel ainsi que l'infrastructure des CFL** | Question 6158 (06/05/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4760 iwwert d'Zesummesetzung vum Fierpark vun der CFL fir de Persounentransport iwwert d'Eisenbahn schreift den Här Minister zu der Asazméiglechkeet vun den Zich enner anerem dat hei: „Allerdéngs si Kompositiounen vun den Zich duerch d'Längte vun de Quaien begrenzt. Projete sinn am Lafen, fir Quaien ze verlängeren an doduerch méi laang Kompositiounen bei verschiddenen Zich asetzen ze kënnen.“

Déi selwecht Ausso fënnt sech och am Artikel „Damit die Eisenbahn erheblich mehr leisten kann“, deen den 3. Mee an der „Zeitung vom Lëtzebuerger Vollek“ publizéiert gouf, allerdéngs mat engem wichtege Zousaz: „Zwar gibt es Ausbaupläne, um alle Haltestellen mit 200 Meter langen Bahnsteigen auszustatten, aber es gibt keine Pläne, sich das nötige Material zu besorgen, um solche Züge auch wirklich zur Regel werden lassen zu können.“

Weider heescht et an deem genannten Artikel och, datt déi mëttlerweil iwwerdimensionéiert Blockförmchen, déi nach aus enger Zäit stamen, wou d'Stolindustrie am Giddertransport nach ganz aner Ufuerderunge virausgesat huet, d'Kapazitéit vun eisem Eisenbahnnetz mëttlerweil kënschtlech limitéieren.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Fro stellen:

1. Kann den Här Minister seng allgemeng Positioun zu deenen am Artikel thematiséierte Mëssstänn elabrieren?

2. Kann den Här Minister matdeelen, wéi d'Zuele vun de Passagéier pro Dag sech an de Jore bis 2035 no den aktuelle Prognose wäerten entwéckelen?

3. Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, iwwer wéi eng Längt déi eenzel Zuchquaien hei am Land aktuell verfüegen, a wéi eng genee Verlängerung bis 2035 virgesi sinn?

4. No den Informatiounen aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4760 soll d'Kapazitéit vun de Sätzplaze bei den CFL-Zich vun aktuell 26.619 bis 2025 op 38.713 klammen. Kann den Här Minister an deem Sënn preziséieren, wéi vill Sätzplazen dës Zuelen duerschnëttlech op de Meter agesaten Zuch entsprechen, wéi héich d'Maximallängt an d'Zuel vun de Sätzplaze pro agesatem Zuch zu Spëtzenzäiten aktuell läit a wéi déi Zuele bis 2025 a falls verfügbar och bis 2030, respektiv 2035 sollen evaluéieren?

5. Kann den Här Minister matdeelen, wéi eis Blockförmchen aktuell genee bemooss sinn, wéi vill Zousazkapazitéiten duerch eng Verréngerung potenziell kéinte fräigesat ginn a wéi vill esou eng Moosnam géif kaschten?

**Réponse** (01/06/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Déi am Artikel „Damit die Eisenbahn erheblich mehr leisten kann“, deen den 3. Mee 2022 an der „Zeitung vom Lëtzebuerger Vollek“ publizéiert gouf, thematiséiert Mëssstänn, kann ech net deelen, vu datt d'Liwierung vun de 34 neien duebelstäckegen Automotricen an d'Verlängerung vun de Quaien op de Garen zukünfteg erlabe wäerten, fir Zich vun enger Längt bis 246,00 m op de Linnen anzusetzen.



ad 2. D'CFL geet momentan vun enger Evolutioun vun der deeglecher duerchschnëttlecher Passagéierzuel vun 3 % pro Joer fir d'Period vun 2023 bis 2035 aus. Dës Prognos deckt sech mat der Hypothese, déi fir de Plan national de la mobilité 2035 a Consideratioun geholl ginn ass.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 3. Tabell, déi d'Längt vun den eenzelen Zuchquaie regruppéiert:

Hei handelt et sech ëm déi aktuell Situatioun (Stand Mee 2022). Verschidde Garé sinn aktuell am Schantjen an dofir just mat enger reduzéierter Unzuel vu Quaie an der Tabell uginn.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Bis 2035 ass virgesinn, d'Quaie a folgende Garé sou ze verlängeren oder nei ze bauen, datt 246-Meter-Zich (Automotrice mat néng Caissen) dës Garen ufuere kënnen:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 4. Aktuell bitt d'CFL duerchschnëttlech 3,93 Sëtzplazen op de Meter pro agesaten Zuch un. Am Joer 2025 kënnen duerchschnëttlech 4,09 Sëtzplaze pro agesaten Zuch ugebuede ginn.

D'Maximallängt vun engem Zuch zu de Spëttestonnen beleeft sech aktuell op 161,27 m. D'Maximalkapazitéit u Sëtzplazen, déi aktuell an engem Zuch kënnen ugebuede ginn, beleeft sech op 728.

Ab dem Joer 2025 beleeft sech d'Maximallängt vun engem Zuch zu de Spëtzenzäiten dann op 246,00 m fir déi Garen, déi scho mat 250 m laange Quaie ekipéiert sinn. D'Maximalkapazitéit u Sëtzplazen, déi an engem Zuch kënnen ugebuede ginn, beleeft sech dann op 1.026.

De Moment verfüügt d'CFL nach iwwer keng konkret Zuele bis d'Joer 2030 respektiv 2035.

ad 5. Déi aktuell Blockofstänn si sou bemooss, dass d'Sécherheet vum Betrib garantéiert ass an de Constrainten (z. B. Passages à niveau (PN), Arrêten, ...), déi et puncto Placement vun de Blocksignaler ginn, Rechnung gedroe gëtt.

Eng potenziell Verréngerung vun de Blockofstänn kéint effektiv méi oder manner Zousazkapazitéite fräilassen. Dës Zousazkapazitéite sinn awer staark ofhängeg vun der jeeweileger Infrastruktur an dem Zuchmix, deem iwwert déi verschidde Linne fiert, soudass hei eng pauschal Ausso net ka getraff ginn. De Käschtpunkt ze berechnen ass och pauschal net méiglech, well deem ëmmer vun där spezifischer Situatioun ofhänkt a well fir sou eng Blockverdichtung eventuell aner Projeten, wéi z. B. Suppressiounen vu PNe musse virausgesat ginn.

#### Secteur des taxis | Question 6164 (10/05/2022) de M. Roy Reding (ADR)

Le secteur des taxis connaît malheureusement maints problèmes. Plusieurs tentatives de réforme n'ont toujours pas abouti à un système qui réussirait à concilier les intérêts légitimes des clients avec les besoins économiques du secteur concerné. Ce secteur est d'ailleurs confronté à de nouveaux défis, comme par exemple celui de modèles d'exploitation alternatifs plus flexibles mais également susceptibles de fragiliser les chauffeurs en les contraignant à une indépendance factice.

Dès lors, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie, Monsieur le Ministre des Classes moyennes et Monsieur le Ministre de la Mobilité :

1) Comment serait-il possible d'envisager la réforme des taxis, notamment la partie qui traite des voitures de location sans chauffeurs, sans la mise en place préalable d'un cadre juridique régissant l'économie de plateforme et notamment le volet de la concurrence déloyale ?

2) Quels sont les dispositifs de contrôle prévus dans le cadre des VLC (voitures de location avec chauffeur) afin d'éviter une concurrence déloyale envers les entreprises de taxis (heures de travail, autorisation d'établissement, assurance adéquate du véhicule, utilisation exclusivement pour le VLC, etc.) ?

3) Comment le Gouvernement entend-il contrôler les plateformes collaboratives qui font appel à des voitures qui ne sont pas des taxis ou VLC ?

4) Est-ce que le Gouvernement est informé de cas dans lesquels des plateformes collaboratives ont été sanctionnées dans plusieurs pays européens et qui, de ce fait, ont dû suspendre ou arrêter leurs activités ?

5) Depuis 2017, toute nouvelle licence est une licence dite « zéro émissions ». Toutefois, force est de constater qu'il n'existe à ce jour aucune infrastructure de recharge dédiée aux véhicules visés. Est-ce que le Gouvernement envisage de redresser cette situation et, si oui, comment et dans quels délais ?

6) Dans l'hypothèse d'une libéralisation du nombre de licences, telle que prévue dans le projet de loi, est-ce qu'une augmentation subséquente des stationnements pour taxis est prévue ? Actuellement le ratio est d'une place de stationnement pour quatre licences.

7) Dans l'hypothèse d'une libéralisation du nombre de licences, est-ce que le Gouvernement prévoit de verser des compensations financières au profit de sociétés qui ont réalisé des investissements par rapport à la date de validité des licences, tout en sachant que les investissements ne seront dès lors plus rentables ?

**Réponse commune (07/07/2022) de M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

ad 1) Concernant la réforme escomptée, il y a lieu de souligner que le projet de loi n° 7762 portant modification de la loi modifiée du 5 juillet 2016 portant organisation des services de taxis vise à apporter un cadre uniforme aussi bien pour les taxis que pour les voitures de location avec chauffeur. Les voitures de location sans chauffeur ne tombent actuellement pas dans le champ d'application de ce texte.

Dans ce contexte, il est évident que tous les acteurs impliqués dans ces activités doivent respecter les lois et règlements en vigueur au Luxembourg par rapport au droit du travail et en matière de sécurité sociale.

ad 2) La réforme prévue du secteur des taxis prévoit une libéralisation intégrale du marché luxembourgeois afin d'éviter les conflits entre les différents aspects légaux des taxis et des VLC et ceci dans le respect de la communication du 4 février 2022 de la Commission européenne relative à un service local de transport de passagers à la demande (taxis et VLC) performant et durable (2022/C62/01).

De ce fait, le projet prévoit que des réglementations similaires seront applicables pour les taxis et les VLC afin d'éviter de faire une distinction particulière entre ces deux catégories de services de transport. Lors des travaux d'élaboration de ladite réforme, il était

important de traiter de façon égale ces deux catégories, afin d'éviter de favoriser l'une rapport à l'autre.

Dans le cadre des travaux législatifs dudit projet de loi, et suite à une multitude d'entrevues avec tous les acteurs concernés, une étude a été lancée en septembre 2021 afin d'apporter des réponses aux questions telles que la mise en œuvre d'une tarification équitable – aussi bien pour le client que pour les exploitants des services de transport individuel rémunéré –, les conséquences de l'abolition des zones géographiques, la limitation des licences d'exploitation de taxi afin d'assurer une croissance de l'offre et une augmentation de la demande. Le résultat de cette étude sera prochainement présenté aux acteurs et apportera entre autres aussi une réponse au volet des plateformes collaboratives.

ad 3) Le contrôle se fera, in fine, sur le terrain par les agents de la Police grand-ducale ou de l'Administration de la douane et des accises qui sont chargés du contrôle des dispositions législatives régissant le secteur. Comme toute course doit être documentée selon les prescriptions légales et que l'équipement des véhicules sera précisément déterminé par la législation, une utilisation d'un véhicule non conforme pourra être sanctionnée. Les sanctions d'une utilisation non conforme sont passibles d'un avertissement taxé de 500 € actuellement. Par ailleurs, l'Inspection du travail et des mines est bien évidemment habilitée, de manière générale, de contrôler à tout moment le respect des dispositions relatives au droit du travail.

ad 4) Le Gouvernement suit bien évidemment de près les développements dans ce secteur dans les autres pays.

ad 5) Pour l'instant, aucune borne de charge accessible au public est dédiée exclusivement à la recharge de taxi 100 % électriques ou de type plug-in hybride, cependant avec plus que 1.300 points de charge, le Grand-Duché dispose actuellement d'un des réseaux de bornes les plus denses en Europe et cette infrastructure peut évidemment aussi être utilisée par les chauffeurs de taxi. Le nouveau régime d'aides prévu en faveur des entreprises investissant dans des infrastructures de charge pour véhicules électriques prévoit des montants financiers substantiels pour densifier davantage le réseau et prévoit aussi des possibilités pour dédier dans certains cas des infrastructures de charge à certaines catégories de véhicules.

ad 6) Le nombre d'emplacements pour taxis n'est pas prescrit par une législation. Si toutefois une pénurie d'emplacements devrait être constatée à des endroits bien définis, il incomberait cependant à la Fédération des taxis de négocier des emplacements supplémentaires avec les administrations communales concernées, étant donné que les emplacements pour taxis relèvent, mis à part à la gare centrale et l'aéroport, de la compétence communale.

ad 7) Le projet de loi ne prévoit pas le versement de compensations financières. Étant donné que les licences actuelles garderont leur validité et qu'aucune valeur pécuniaire ne peut être associée à une licence, aucune compensation ne s'impose.

#### Contrat avec fournisseur de gaz naturel | Question 6192 (13/05/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Mir gouf ee Fall zougedroen, wou eng Persoun an hirem Haus wollt d'Gasheizung duerch eng ëmweltfrëndlech Wärmepompe ersetze loossen, dëst awer duerch hire Kontrakt mat hirem Gasliwwer



verbuede krut. Et handelt sech beim Gasliwwerant em d'Firma SUDnergie, enger Aktiengesellschaft, déi 14 Südgemeinge gehéiert.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Energie, der Ministesch fir Konsumenteschutz an der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Huet de Staat eng Handhab driwwer, wa Leit hir Heizung wëlle renovéieren, mee dëst an engem Kontrakt tëscht dem Energieliwwerant an dem Konsument verënnert gëtt?

2. Wéi vill Fäll goufen de Ministère bis elo matgedeelt, bei deene Persounen net aus hirem Kontrakt erauskommen, fir energetesch Sanéierungen duerchzeféieren?

3. Wéi wäert d'Regierung dofir suergen, dass an Zukunft all Bierger hei am Land op nohalteg Energiequelle kann ëmsteigen, och wa Kontrakter mat Energie-Liwweranten dëst blockéieren?

4. Am Hannergrond vun der Klimakris an der néideger Energietransitioun, wäert d'Regierung mat SUDnergie souwéi aneren Energie-Liwweranten zesammekommen, fir besser Modalitéiten auszeschaffen, fir dass Clientë méi einfach aus hiren ale Kontrakter erauskommen?

**Réponse commune** (21/06/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Protection des consommateurs | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Op Nofro hin huet SUDnergie matgedeelt, dass hinne kee Fall bekannt ass wéi deen, deen an der Fro vum éierewäerten Deputéierten beschriwwen gëtt. SUDnergie betount, dass si am Géigendeel Bierger esouguer incitéieren, fir op erneierbar Energien ëmzeklappen andeem si zum Beispill, am Kader vun den Energieeffizienzobligatiounen, déi all Stroum- a Gasfournisseuren hunn, de Leit Primmen ubidden, wa si hir Gas- oder Masuttsheizung duerch eng Wärmepompe ersetzen.

Och aner Stroum- a Gasfournisseure bidden iwwerengs esou Primmen un, fir Haiser ze sanéiere respektiv op méi eng nohalteg an energieeffizient Heizung ëmzeklappen.

ad 1. Generell kann ee feststellen, dass e Gaskontrakt zu all Moment ka gekënnegt ginn am Respekt vun de kontraktuelle Bedingunge, déi explizit laut Artikel 12 Paragraph 3 vum ofgeännerte Gesetz vum 1. August 2007 iwwert d'Organisatioun vum Gasmarché („Gasgesetz“) mussen am Kontrakt festgehale sinn. Déi meescht Kontrakter kënnen esou direkt gekënnegt ginn ouni zousätzlech Käschten, ausser de Client huet eventuell en zäitlech begrenzte Kontrakt ofgeschloss mat zum Beispill engem fixen Tarif iwwert déi gesamte Lafzäit.

Wann e Client säi Kontrakt ganz kënnegt a keen anere Fournisseur an d'Spill kënnt, sou gëtt den zoustännegen Netzbedreiwer kontaktéiert, deen dann de Gaszieler ofmontéiere kënnt. Am Fall vun engem Wiessel vum Fournisseur muss dës Wiessel nom Artikel 23 Paragraph 5 vum Gasgesetz innerhalb vun dräi Wochen ofgeschloss sinn.

Doriwwer eraus sinn d'Dispositiounen aus dem Code de la consommation iwwert d'mëssbräuchlech Klauselen applikabel, déi generell fir all Kontrakt tëscht engem Professionellen an engem Konsument spillen.

ad 2. Et si bis elo keng sou Fäll matgedeelt ginn.

ad 3. Sou wéi virdru schonn erkläert kann all Haushaltsgasclient quasi zu all Moment de Gasfournisseur wiesselen oder säi Gaskontrakt kënnegen, et sief dann,

dass hie bewosst ee méi längerfristige Kontrakt ënnerschriwwen hätt, wou dann déi spezifesch Konditiounen vun deem Kontrakt mussen agehale ginn.

Wéi an der Aleedung och schonn ugedeit, hunn all Stroum- a Gasfournisseuren, déi Stroum oder Gas u Clienten zu Lëtzebuerg liwweren, eng Verpflichtung fir Energieeffizienzmassnahmen ze huelen, fir de Verbrauch bei Clienten zu Lëtzebuerg ze reduzéieren andeems si beispillsweis op méi nohalteg Energien ëmklappen.

Doriwwer eraus sief ënnerstrach, dass mam staatleche Subventiounsprogramm „Klimabonus“ (fréier „PRIME House“) d'Renovatioun vu Wunngebaier, d'Ersetze vun Heizungen op fossiler Basis an ineffizienten Heizsystemer duerch effizient Systemer op erneierbar Basis, sou wéi d'Produktioun vu Stroum mat Photovoltaikanlagen a Wunngebaier ënnerstëtzt ginn. Dës Programm gouf 2020 daitlech no uewen ugepasst als eng vun de Moosnamen fir d'Relance no der Covid-pandemie a gouf elo mat Effet op den 1. Januar 2022 nach emol iwwerschafft. Eng zousätzlech Hëllef („aide individuelle au logement“), déi op dem „Klimabonus“ baséiert, gëtt deemnächst nach agefouert fir vulnerable Stéit mat nidderegem Akommes zousätzlech ënnert d'Äerm ze gräifen. En plus huet Lëtzebuerg e ganz nidderegen TVA-Taux („taux super-réduit“) vun 3 % fir d'Renovéierung vun de Wunngebaier.

ad 4. Sou wéi agangs erkläert, kënnen déi „klassem“ Kontrakter direkt gekënnegt ginn an e Fournisseurswiessel ass innerhalb vun dräi Wochen méiglech ouni zousätzlech administrativ Käschten. Et wäert och weiderhin méiglech bleiwen, fir méi längerfristige Kontrakter unzébiden, bei deenen dann och déi kontraktuell ofgemaachte Bedingunge mussen agehale ginn.

**Procédure d'inscription au Lycée technique pour professions de santé** | Question 6213 (18/05/2022) de **Mme Myriam Cecchetti** | **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk)

Depuis des années, nous affichons un manque au niveau du personnel des soins de santé. La dépendance envers les pays frontaliers est particulièrement importante dans ce domaine pourtant vital. Cela a été constaté dans des rapports et confirmé pendant la pandémie de la Covid-19. Il faut par conséquent tout mettre en œuvre pour recruter massivement dans ce secteur. Pourtant, selon nos informations, le Lycée technique pour professions de santé (LTPS) exige des futur(e)s inscrit(e)s d'avoir un schéma vaccinal complet contre la Covid-19. Cela serait indispensable « selon les réglementations en vigueur ».

Partant, nous voudrions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale :

- 1) Pouvez-vous nous confirmer cette information ?
- 2) Est-ce que la vaccination complète est effectivement exigée des futur(e)s soignant(e)s et est-ce qu'il s'agit là d'une condition indispensable ?
- 3) Est-ce que la réglementation en vigueur exige cela ?
- 4) Est-ce que cela est conforme à la loi Covid-19 ?

**Réponse commune** (22/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

En réponse aux questions des honorables Députées, nous tenons tout d'abord à souligner que l'inscription au Lycée technique pour professions de santé (LTPS)

n'est pas soumise à la condition de disposer d'une vaccination complète contre la Covid-19.

Toutefois, lors de leur inscription au LTPS, les futurs élèves sont rendus attentifs au fait que la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie soumet actuellement l'accès aux hôpitaux, ainsi qu'aux structures d'hébergement pour personnes âgées et aux autres structures de soins au régime dit « 3G », c'est-à-dire à la présentation d'un certificat de vaccination, d'un certificat de rétablissement, d'un certificat de test ou d'un certificat de contre-indication à la vaccination.

Il est rappelé dans ce contexte que les élèves sont appelés à réaliser des stages dans les établissements précités et que la loi modifiée du 17 juillet 2020 s'applique également à eux. Il est dès lors important d'informer les élèves sur les conditions d'accès aux stages.

À noter toutefois, qu'un projet de loi vient d'être déposé (doc. parl. n° 8030) dont un des objectifs est de supprimer la règle des « 3G » dans les hôpitaux, centres d'accueil pour personnes âgées et autres établissements y assimilés.

À noter in fine que même si le projet de loi susmentionné est voté et que la règle des « 3G » est abrogée dans les établissements concernés, il n'est pas exclu qu'à l'automne cette règle soit réintroduite en raison de l'évolution de la pandémie et notamment en raison de l'arrivée d'éventuels nouveaux variants davantage virulents.

**Pompes à chaleur** | Question 6217 (18/05/2022) de **M. Paul Galles** (CSV)

An Zukunft wäerten d'Wärmepumpen d'Referenz beim Heize vun de Gebaier sinn. Den Ausbau vu Wärmepumpen, sief et Loft-Waasser oder geothermescher Natur, ass essentiell fir d'Energietransitioun ze meeschteren an ons Klimaziler ze errechen. Den eenzegen Nodeel vun esou Pompelen ass, dass se nawell e bësse Kaméidi maachen, v. a. beim Usage vun der Ausseloft. Op d'parlamentaresch Fro Nr. 3600 hat d'Ëmweltministesch deemools op verschidde groussherzoglech Reglementer verwisen (z. B. le règlement grand-ducal du 6 février 2007 concernant les prescriptions minimales de sécurité et de santé relatives à l'exposition des travailleurs aux risques dus aux agents physiques).

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Ëmweltministesch stellen:

1. Sinn déi aktuell groussherzoglech Reglementer kompatibel mat dem geplangte massiven Ausbau vun de Wärmepumpen, virun allem am Bestand?
2. Wann nee, wéi gedenkt een, déi Reglementer unzepassen?
3. Wéi vill Demandë goufe vum Ëmweltministère opgrond vun de héijem Kaméidi bei de Wärmepumpen an de leschte Joren ofgewisen?
4. Vu dass d'Problematik virun allem bei der Installatioun vun de Wärmepumpen a bestoende Gebaier besteet, wéi gedenkt een dës Problematik entgéintzewierken?

**Réponse** (01/07/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. an 2. Et ginn zu Lëtzebuerg verschidde Reglementatiounen, déi ënner anerem de Kaméidi vu Wärmepompe kënnen reegelen: De Kaméidi, dee vun techneschen Equipementen ausgeet, also och dee vu



Wärmepumpen, kann duerch Gemengereglementatioun gereegelt ginn. Dee Volet ass och an engem Modell fir e Bautereglement, deen den Innenminister de Gemengen zur Verfügung stellt, couvréiert, an zwar am Artikel 69 (Protection contre le bruit), an deem en Immissiungsgrenzwäert fir équipements techniques fixes uginnt ass (règlement-type sur les bâtiments, les voies publiques et les sites : <https://mint.gouvernement.lu/dam-assets/publications/brochure-livre/rbvs.pdf>). D'Gemenge kënnen also d'Problematik en fonction vun de lokale Gegebenheete reegelen.

Derbäi kënn d'groussherzoglecht Règlement vum 13. Februar 1979 (règlement grand-ducal du 13 février 1979 concernant le niveau de bruit dans les alentours immédiats des établissements et des chantiers), dat Immissiungsgrenzwärter festleet fir de Kaméidi, dee vu Betriber ausget. Deen Text couvréiert net de Kaméidi vun Wärmepompe vu Privatstéit, ausser et wär fir d'Wärmepompe eng Geneemegung am Kader vum Kommodosgesetz (loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés) néideg.

Op der Aarbechtsplaz gëlle Reglementatiounen, déi den Aarbechtsschutz betreffen, ewéi dat an der Fro genannte groussherzoglecht Règlement vum 6. Februar 2007 (règlement grand-ducal du 6 février 2007 concernant les prescriptions minimales de sécurité et de santé relatives à l'exposition des travailleurs aux risques dus aux agents physiques), wat ënner anere Grenzwärter fir Kaméidi enthält.

Déi genannte Reglementer si kompatibel mam Ausbau vun de Wärmepumpen, eng Upassung vu groussherzogleche Reglementer ass dofir net virgesinn.

ad 3. Am Kader vun de verschiddene Subventiounsregimen ass bis haut nach kee Subsid opgrond vun de héije Kaméidisemissiounen refuséiert ginn.

ad 4. Wéi schonn an der Äntwert op déi éischt Fro gesot, kann d'ës iwwer Gemengendispositiounen gereegelt ginn.

D'Wärmepumpen a grad d'Loft/Waasser-Wärmepumpen, bei deenen de Schallschutz een Theema ass, sinn a bestoende Gebaier eng ganz wichteg Alternativ fir den Ersatz vu fossilen Heizungssystemer en vue vun der Dekarboniséierung an et gëtt haut um Marché duerch Wärmepompe mat gerénger Schallemissiounen, déi d'Grenzwärter anhalen oder mat zousätzleche Schallschutzmoossnamen anhalen kënnen. D'Problematik vum Schallschutz spillt beim Choix vun der Wärmepompe, respektiv bei der Ausleeung an der Bestëmmung vun der genauer Installatiounsplaz eng wichteg Roll a gehéiert zu den Aufgaben vum Expert/Installateur beim Plang vun der Anlag.

De Choix vu Wärmepompe mat gerénger Schallemissiounen ass säit kuerzem zudeems e Krittär, fir fir eng nei Wärmepompe eng Subventioun (Klimabonus) kënnen ze kréien (règlement grand-ducal du 7 avril 2022 déterminant les mesures d'exécution de la loi du 23 décembre 2016 instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement).

#### IRM au Centre Hospitalier du Nord | Question 6221 (19/05/2022) de M. Carlo Weber (LSAP)

Den 18. Mee ass vun der Madamm Gesondheitsministesch a vum Här Minister fir sozial Sécherheet fir d'éischt an der Santéskommissioun an dono op enger Pressekonferenz annoncéiert ginn, datt de Centre Hospitalier du Nord (CHdN) eng Demande agereecht

huet, fir een IRM-Zentrum an der Klinik zu Wootz kënnen ze bedriewen.

– Ënnert wéi engem gesetzleche Kader kéint sech d'esen IRM zu Wootz afügen?

– A wéi engem Stadium sinn d'ës Gespréicher tëschent der Regierung an dem CHdN? Ass och d'Gemeng Wootz an d'ës Iwwerleeung mat abezu ginn?

– Op wéi engem Sitt kéint den IRM installéiert ginn?

– Gëtt et schonns eng Zäitschinn fir d'ese Projet?

**Réponse commune (22/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale**

Den CHdN huet den 29. Abrëll 2022 e Bréif un d'Gesondheitsministesch an un de Minister fir sozial Sécherheet adresséiert an deem en eng Demande de principe gestallt huet fir d'Installatioun vun engem zousätzlechen IRM-Gerät zu Wootz, deen an direkter Proximité zum Spidol soll stoe kommen.

Vu datt d'ese Projet eréischt 2024 operationell soll sinn, hunn déi béid Ministeren den CHdN an hirer Äntwert vum 31. Mee 2022 dorop verwisen, datt en definitiven Accord am Aklang stoe muss mat der zu deem Moment bestoender Legislatioun.

Souwuel ënnert dem aktuelle Gesetzestext wéi och ënnert der aktueller Form vum Gesetzesprojet N° 8009, kéint elo schonn e zousätzleche Sitt vum CHdN mat engem IRM funktionéieren, d'ës well den CHdN aktuell just zwee Sitten huet (Ettelbréck a Wootz). Déi aktuell Legislatioun erlaabt am Ganzen dräi Sitten pro Spidol. De Gesetzesprojet gesäit zousätzlech Sitt vir, fir der ambulanter Versuergung Rechnung ze droen, déi och méi no un de Patientin soll sinn, fir déi Servicer déi op déi Sitt kommen.

Deemno steet enger Verdéiwung vum Projet vum CHdN legal näischt am Wee. Allerdéngs kann d'Ëmsetzung vum Projet just agelee ginn, wann e formellen Dossier de demande vum CHdN eragereecht gëtt, deen dann an d'Prozedur muss goen, déi am Gesetz virgesinn ass, an déi deementspreechend formell Autorisatioun dann och virläit. Op d'ës Modalitéiten ass den CHdN och higewise ginn.

#### Soumissions publiques | Question 6222 (19/05/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Am Oktober 2021 huet de Conseil de la concurrence d'Resultater vun enger Enquête vum Soumissiounssystem verëffentlecht. Aus der Enquête geet ënnert anere ervir, datt den Accès zu Soumissiounen fir kleng a méttler Firmen duerch komplizéiert Reglementer méi schwéier ass. Laut Enquête maachen d'Ufuerderungen u Mindestëmsaz oder Aarbechter den Accès zu den Opträg schwéier.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Mëttelestand, dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Wunnungsbauminister d'ës Fro stellen:

1. 71 Bureaux d'études waren 2021 a Soumissiounen involvéiert. Op der Säit 27 vun der Enquête ass ze liesen: « le pouvoir adjudicateur a quasiment toujours recours à un ou plusieurs bureaux d'architectes ou d'ingénieurs-conseils afin de mettre en place la procédure de passation de marché et de l'accompagner, le plus souvent, dans toutes les étapes de préparation et de réalisation d'un projet de construction. »

Laut den Zuelen aus der Enquête, gëtt bei 62 % vun de Soumissiounen Recours op een externen Architekt gemaach. Bei den Ingenieuren sinn et 78 %. 54 % vun den Architekten kommen aus enger vun 10 Firmen. Bei

den Ingénieurs civils ginn 79 % vun den Opträg un eng vun den 10 groussen Entreprises. Bei den Ingénieurs techniques sinn et souguer 84 %. 40 % eleng ginn un eng eenzeg Firma. (Säiten 30 bis 31 an der Enquête)

Kënnen d'Ministeren d'ës Zuele bestätegen? Wat fir Richtlinie respektiv Ufuerderungen a puncto Cahiers des charges ginn an esou Fäll vum Staat fir d'Bureaux d'études festgehalen? Firwat gëtt esou vill op externen Experten zréckgegraff? Gesinn d'Ministeren hei de Risk vun engem Oligopol, deen de Steierzueler kéint onnéideg Geld kaschten?

2. A wat fir engem Mooss ass de Staat spéiderhi responsabel, fir d'Aarbecht vun d'esen externen Experten zum Beispill am Fall vu Feelpanganen?

3. Wéi vill Soumissiounen am Beräich vum Handwierk an der Konstruktioun goufen an deene leschte 5 Joer vu Firmen iwwerholl,

– déi manner wéi 10 Aarbechter hunn,  
– déi manner wéi 50 Aarbechter hunn,  
– déi manner wéi 250 Aarbechter hunn?

4. A wéi ville Fäll hu Firmen mat manner ewéi 50 Aarbechter sech zesumme gedoen, fir bei der Soumissioun matzemaachen, an den Zouschlag kritt?

5. Wéi ass am Fall vun engem Zesummeschluss vu vereenzelte Firmen am Kader vun enger Soumissioun d'Responsabilitéit vun de Firmen gereegelt?

6. Weider am Rapport d'enquête ass ze liesen (Säit 42): « La passation par corps de métier, en plus de faire baisser la facture finale, permet d'inclure les PME au sein des marchés publics. Les entreprises de moins de 50 personnes représentent 96 % des entreprises de construction spécialisée. Même si les éléments recueillis par le conseil ne permettent pas de quantifier la participation des PME aux marchés de travaux, le conseil encourage les pouvoirs adjudicateurs à continuer prioritairement les procédures par corps de métier. » Wéi stinn d'Ministeren zu d'ës Recommandatioun vum Conseil de la concurrence?

7. Laut Rapport sinn 98 % vun den Zouschläi fir d'Soumissiounen un deen Dossier gaangen, deen de beschte Präis konnt proposéieren. Denken d'Ministeren net, datt aner Krittären ewéi d'Nohaltegkeet, de Schutz vum Aarbechter an d'Förderung vu PMEen sollten eng wichteg Roll nieft dem Präis anhuelen?

8. De Problem vu méiglechen Avantagen duerch den Engagement vun Travailleurs détachés gëtt am Rapport kuerz ugeschnitten. Gesinn d'Ministeren hei ee Risk, datt Firmen een Optrag kréien, wéi se op d'ës auslännesch Expertise zréckgräfen?

9. Ass vun de sëllegen anere Recommandatiounen, déi am Rapport festgehalen gi sinn, eppes iwwerholl an deementspreechend geännert ginn?

#### Réponse (22/06/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. D'Enquête vum Conseil de la concurrence weist, datt déi ëffentlech Bauhäre vill op externen Experten, also Bureaux d'études, zréckgräfen, fir hir Projeten ze realiséieren, datt fir bei der Realisatioun vun de Bauprojekten ze hëllefen. Dobäi ass et variabel, wéi vill Aufgaben d'esen Experten iwwerhuelen. Generell ass et esou, datt d'Personal vun de Verwaltungen net eleng Bauprojekte begleet kann, an dat vum Point de vue Aarbechtspowand a vum Point de vue vun den technesch deelweis ganz komplexen Ufuerderungen.

D'Zuelen aus der Enquête vum Conseil de la concurrence ginn en Iwwerbléck vun der Situatioun zu Lëtzebuerg, och wann d'Enquête net onbedéngt ganz representativ ass opgrond vun engem relativ klengen



Echantillonnage. Et sinn ëmmerhin just 100 Dossieren am Detail gekuckt a 25 Acteure vum Secteur vun der Constructioun gefrot ginn.

D'Enquête vum Conseil spigelt erëm, datt et zu Lëtzebuerg e puer grouss Büroer ginn, déi dann och méi Opdrägg hunn, dës well se duerch hir méi grouss Mätaarbechterunzuel och méi Ressourcen a Kompetenzen hunn, fir méi gréisser oder komplex Projete ze gerieren.

Wéinst der ëmmer gréisserer Komplexitéit vun den Aarbechten ass et normal, datt d'Büroer wuessen an sech och alt zesummendinn, fir datt d'Personal sech kann spezialisieren.

De Risiko vum Oligopol ass u sech net wierklech ginn, et muss een sech bewusst sinn, datt et vläicht deelweis manner, dowéinst awer méi grouss Büroer ginn, déi doduerch awer déi néideg Kompetenze fir grouss Projete hunn.

D'Konditiounen an de Kontrakter, respektiv an den Ausschreibungsdossieren, garantéieren, datt d'Missioune genee festgeluecht sinn an d'Büroer sech net kënnen um Steierzueler beräicheren.

Op Appel-à-candidatures mellen sech ëmmer eng grouss Zuel vu Büroer. Als Beispill kann een ernimmen, datt op e rezenten Appel à candidatures bei der Verwaltung fir effentlech Baute ronn 30 Architekturbüroer, jee weils eng Dose Ingenieurbüroer am Génie civil an och an der Technik gemellt hunn, wat kloer weist, datt Konkurrenz um Marché ass.

ad 2. Wéi an der Enquête vum Conseil de la concurrence präziséiert gëtt, gebrauchen d'Verwaltung fir effentlech Bauten an d'Ponts et chaussées Contrats-type fir d'Architekten, fir d'Ingenieurs-conseils en génie civil a fir d'Ingenieurs-conseils en génie technique. Dës Kontrakter gi reegelméisseg aktualiséiert, esou datt se den Ufuerderunge vun den aktuelle Projete a Chantieren entsprechen. Si gesinn och Responsabilitéitsclause vir, esou datt d'Büroer och am Kader vu Feelpünne mat zur Rechenschaft gezu kënnen ginn.

ad 3. a 4. Am Moment gi keng Statistike gemaach, wéi vill Aarbechter d'Entreprise beschäftegt hunn, déi effentlech Opdrägg kréien. Eng ganz grouss Majoritéit vu Bauprojete ginn awer „par corps de métier“ ausgeschriwwen, esou datt d'Entreprise direkt kënnen bei Soumissiounen eng Offer ofginn, ouni datt si mussen als Sous-traitant an enger Entreprise générale schaffen.

ad 5. a 6. Et gëtt natierlech och d'Méiglechkeet, sech zu e puer Entrepreneuren zesummenzueen, och wann et nëmmer ee Corps de métier ze exekutiere gëtt. An deem Fall ass et ganz verbreet, datt d'Entrepreneuren eng Offer als Association momentanée ofginn, wou se solidairesch haftbar sinn.

D'Resultater vum Conseil de la concurrence senger Enquête bestätegen dohier, datt et nëtzlech ass, d'Bauprojete mat Soumissiounen par corps de métier auszuschreiwen, och wann dat administrativ an organisatoresch opwendeg ass.

Dës entsprécht och der Lëtzeburger Situatioun am Bausektor. Mir hunn keng grouss Traditioun an der Entreprise générale wéi dat a munch Nopeschlänner de Fall ka sinn. De Rapport vum Conseil de la concurrence bestätegt a senger Conclusiounen, datt dat haut schonn bei Wäitem respektéiert gëtt.

ad 7. Effektiv ginn eng grouss Majoritéit vun Zouschleier op Basis vum beschte Präis gemaach, mee och Critère wéi d'Qualitéit vun den Aarbechten an d'Durabilitéit gi berécksichtegt. Si ginn haaptsächlech um Niveau vun den techneschen Exigenzen an de Cahiers des charges virgeschriwwen an duerch eng Bauleitung kontrolléiert.

ad 8. Wat d'Travailleur detachés ugeet ass ze preziesieren, datt all gréisser effentlech Ausschreibung muss europawäit publizéiert ginn, esou datt et evident ass, datt och auslännesch Entrepreneuren Offeren ofginn. De fräien europäesche Marché gesäit dat jo och vir, an et ass normal, datt eng Entreprise an engem anere Land Opdrägg unhëlt. Wann awer de Präis vun den Offeren anormal niddreg ass, da freet de Bauhär Explikatiounen an ecartéiert d'Offer wann sech sollt erausstellen, datt Sozial- an Aarbechtsnormen net respektéiert ginn. Och d'TM ass ganz present um Terrain fir do déi néideg Kontrollen ze maachen.

ad 9. An de Conclusiounen vum Rapport ginn eng Rei Usätz ugeschwat, déi mat de verschiddenen Acteuren diskutéiert an analyséiert mussen ginn. Verschiddener sinn allerdéngs net ganz séier an einfach ëmzesetzen; sou gëtt z. B. bei de Conditions minima de participation recommandéiert, déi erof ze setzen. Hei sollt ee bedenken, datt des Critère awer och do sinn fir d'Firme selwer ze schützen an ze assureieren, datt d'Entreprise déi néideg Capacitéit a Standhaftegkeet hunn fir d'Aarbechte kënnen ze maachen a bei eventuelle Problemer net direkt a finanziell Enkpäss kommen.

Et sief nach bemierkt, datt d'Problematik vun der Materialknappheet, déi och an der Enquête opgeworf ginn ass, vun der Regierung genee verfollegt gëtt, an dann den 31 März 2022 an deem Kader eng Kommunikatioun vum Ministère fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten erausgaangen ass, déi Recommendationen liwwert, wéi déi verschidden Acteuren sech optimalerweis an dëser schwieriger Situatioun verhalen sollen.

#### Centre Hospitalier du Nord | Question 6223 (19/05/2022) de M. André Bauler | Mme Carole Hartmann (DP)

Le ChdN avec ses deux sites d'Ettelbruck et de Wiltz assure depuis longue date les services de santé les plus divers pour le bien de la population ardennaise et d'une partie non négligeable des habitants des cantons de Redange, de Diekirch, d'Echternach et de Mersch.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

- 1) Combien de personnes travaillent actuellement sur ces deux sites en distinguant selon les différentes catégories de personnels ?
- 2) Dans quelle mesure ces deux sites pourraient-ils souffrir d'une pénurie de personnels à l'heure qu'il est, voire dans un avenir proche ?
- 3) Le Ministère de la Santé et le ChdN sont-ils en train de se concerter en vue d'assurer la viabilité de ces sites hospitaliers à longue échéance – en particulier celui de Wiltz ?
- 4) Est-il prévu d'accroître l'attractivité du ChdN afin d'attirer davantage de médecins spécialisés ? Dans l'affirmative, quelle stratégie précise serait poursuivie dans ce contexte ?
- 5) Le ChdN serait-il enclin de se spécialiser dans l'une ou l'autre branche médicale et de rechercher à cet effet une coopération avec l'Université de Luxembourg voire une université étrangère ?
- 6) Dans quelle mesure le ChdN est-il impliqué dans la formation des étudiants en médecine et de la formation continue des médecins ?
- 7) Quels investissements en équipements médicaux (spécialisés) seront programmés sur les sites du ChdN au fil des années prochaines afin de répondre au mieux aux besoins de la population régionale et nationale ?

Réponse (22/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

ad 1) Au 1<sup>er</sup> mai 2022, 935 ETP travaillaient au sein du CHdN. Au vu des nombreuses synergies possibles entre les sites d'Ettelbruck et de Wiltz, certaines catégories de personnes peuvent être affectées aussi bien sur le site d'Ettelbruck que sur le site de Wiltz, si bien qu'il n'est pas possible d'indiquer précisément les nombre d'ETP affectés sur les deux sites.

Le détail des ETP selon leurs catégories se présente comme suit :

|                                                |         |
|------------------------------------------------|---------|
| Département de soins                           | 652 ETP |
| Département administratif                      | 244 ETP |
| Département médical (hormis médecins libéraux) | 25 ETP  |
| Département général                            | 10 ETP  |
| Délégation du personnel                        | 4 ETP   |

ad 2) à 4) En tant que centre hospitalier, le CHdN exploite les services hospitaliers généraux prévus par la loi hospitalière. Il exploite également le service national de néphrologie et des antennes de ce service sont exploitées par les autres centres hospitaliers.

Il est l'objectif du Gouvernement de maintenir les deux sites d'Ettelbruck et de Wiltz et de contribuer à maintenir l'attractivité de ces sites.

ad 5) L'organisme gestionnaire du CHdN est libre de mettre en œuvre les collaborations en termes de recherche et d'enseignement qu'il jugera opportun.

ad 6) Le CHdN est impliqué dans la formation des étudiants en médecine ainsi que dans la formation continue des médecins tout comme les autres établissements hospitaliers.

ad 7) Les autorisations d'équipements médico-techniques sont sujets aux dispositions de la loi hospitalière en fonction de l'activité des services autorisés.

#### Problématique dans les structures d'éducation et d'accueil | Question 6230 (20/05/2022) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)

Mengen Informatiounen no ginn et hei zu Lëtzebuerg Fäll, wou Kanner déi eng Glutenintoleranz hunn an deemno extreem ageschränkt sinn an deem wat se iessen dierfen, kee glutefrät Iessen an der Maison relais kruten a vum Personal geroode kruten, hiert eegent Iesse vum Doheem matzebréngen.

An deem Kontext géng ech gär follgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

1. Kann den Här Minister confirméieren, dass net all Maison relais glutefrät Platen ubidden an dass d'Personal den Elteren an deem Fall réit, dem Kand säin eegent Iesse matzegeinn?
2. Ganz generell, wéi geet een an de Maisons relais vir, wann e Kand duerch Intoleranzen oder Allergien staark ageschränkt ass an dem, wat et iessen dierf?
3. Wat gedenkt den Här Minister ze ënnerhuelen, fir ze garantéieren, dass all Kand mat enger Glutenintoleranz oder enger anerer Allergie oder Intoleranz en deementsprechend Iessen an de Maisons relaise offréiert kritt?
4. Wëssend, dass d'Iessen an de Maisons relais oft am Virus bezuelt gëtt, kritt een d'Iesse rembourséiert am Fall wou d'Elteren dem Rot vum Personal follegen an hirem Kand säin eegent Iessen mat an d'Kantinn ginn?



5. Vu dass den Här Educatiounsminister virhuet, d'Iessen an de Schoule gratis unzabidden, wat gesäit den Här Minister fir Schüler, déi un Intoleranz oder Allergie leiden an hiert eegent Iesse mussen matbréngen, vir?

**Réponse** (24/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Den Educatiounsministère ass net informéiert iwwer Fäll, wou e Kand e glutefräie Regime refuséiert kritt huet.

An dësem Kontext ass et wichteg, ze präziséieren, datt d'Maison relaise vun externe Bedreiwler gëréiert ginn. Dës si responsabel fir d'Organisatioun vun den obligatoreschen Prestatiounen, dorënner och d'Ubidde vun engem equilibréierten an un d'Besoin vum Kand ugepasstent Iessen.

ad 2. Fir d'Träger an dësem Beräich ze ënnerstëtzen, sinn d'lescht Joer—an enker Zesummenaarbecht mat der Sécurité alimentaire a mat der Fédération des acteurs du secteur social (FEDAS)—Richtlinn fir déi prakteschen Ëmsetzung am Guide de bonnes pratiques d'hygiène pour la gestion des allergies alimentaires dans les SEA festgehalen ginn. Dës si bindend fir all Service d'éducation et d'accueil (SEA). Sou muss zousätzlech eng obligatoresch Weiterbildung gemaach ginn, wann e Kand mat Allergien an engem SEA betreit gëtt.

An dësem Fall ass eng gutt Kommunikatioun tëscht Elteren a Bedreiwler essentiell, fir gemeinsam Léisungen am Sënn vum Kand ze fannen. D'Eltere müssen dem SEA matdeelen, wann hiert Kand eng Intoleranz oder eng Allergie huet. An deem Fall froe si e Certificat médical bei hirem Dokter, oder froe mat him, wann néideg, e Projet d'accueil individualisé (PAI) un. De Certificat médical an de PAI si feste Bestanddeel vum Dossier vum Kand, an de Bedreiwler vum SEA muss deem Rechnung droen. Bei engem PAI huet d'Personnel d'Méiglechkeet, speziell geschoult ze ginn. Wat d'Iesssituatioun ubelaangt, muss de Bedreiwler derfir suergen, datt d'Kand an aller Sécherheet kann am SEA iessen an opgehoill ginn.

Bei ganz staark ausgeprägten Allergien mat Gefor vun engem anaphylakteschen Schock ass besonnesch Virsicht gebueden. Hei kann et aus Sécherheetsgrënn virkommen, datt de Bedreiwler vum SEA net an der Lag ass, eng Molzecht, déi op der Plaz gekacht gëtt, ze zervéieren. An deem Fall kënnen d'Elteren d'Iesse selwer liwweren oder de Bedreiwler muss en industriellen allergenfräie Plat bestellen.

ad 3. Den uewe genannte Guide ass ausgeschafft ginn, fir d'Träger an der praktescher Ëmsetzung ze ënnerstëtzen.

De Bedreiwler muss am Fall vun enger „éviction stricte“ vun engem Liewensmëttelgrupp fir en Allergiker garantéieren, datt d'Kand net a Kontakt mam Allergen kënnt, och net duerch Spuere vum Allergen, déi an der Kichen op de Plat vun Allergiker kënnen iwwerdroe ginn. Ob e Kand Spuere vum Allergen verdréit, entscheet eleng den Allergolog. An dësem spezifeschen Fall, wou de Bedreiwler den néidege Kader net garantéiere kann, gëtt no Ofsprooch mat den Elteren eng Alternativ gesicht. Hei kann de Bedreiwler op en industriell allergenfräit Iessen zeréckgräifen oder hie biet d'Elteren, en Iesskuerf matzeginn. Detailler sinn am Guide opgelëscht.

ad 4. D'Ofrechnung vun der Prestatioun a vum Iesse gëtt ëmmer nodréiglech ausgestallt a bezuelt. De Questionnaire huet esou d'Méiglechkeet, déi reell Unzuel vun Iessen an de System anzeginn an ze verrechnen.

ad 5. D'Gratuitéit vum Mëttegiessen an der Maison relais ass ee politesche Programm a reegelt keng

individuell Situatiounen, wéi zum Beispill Problemer vun Intoleranzen, Allergien asw. Wat d'Organisatioun vun der Prestatioun ubelaangt, hu mir hei, wéi scho betount, mat externen Bedreiwler ze dinn, déi dofir zoustänneg sinn.

**Système radar mobile, appelé « Monocam »** | Question 6235 (23/05/2022) de **M. Gusty Graas** | **M. Max Hahn** (DP)

La distraction au volant figure parmi les principales causes d'accidents routiers. Ainsi les villes allemandes de Trèves et Mayence ont lancé un projet pilote, pour lequel ils ont développé un système radar mobile, appelé « Monocam », qui peut détecter l'utilisation du portable au volant.

Ainsi nous aimerions poser les questions suivantes au Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et au Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

– Messieurs les Ministres sont-ils au courant de ce projet pilote ?

– Le système en question ayant fait ses preuves, serait-il envisageable de l'acquérir pour la police luxembourgeoise ? Dans la négative, quelles en seraient les raisons ?

**Réponse commune** (05/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

– Le Ministère de la Mobilité et des Travaux publics, ainsi que les différents acteurs concernés, dont notamment l'Administration des ponts et chaussées, suivent de près les dernières innovations dans ce domaine et les modèles actuellement présents sur le marché.

En effet, plusieurs systèmes de radar et des nouvelles technologies détectant l'utilisation de portables au volant sont en cours de test dans différents pays.

– Si un modèle s'avère fiable, l'introduction d'un tel système au Luxembourg pourra en effet être envisagée.

Bien que la détection de telles infractions soit en discussion depuis longtemps, la législation actuelle au Luxembourg sur les radars permet uniquement de sanctionner les excès de vitesse, le franchissement de feux tricolores, le non-respect des distances de sécurité entre les véhicules et l'usage illégal de voies et chaussées réservées à certaines catégories de véhicules.

– L'exploitation des données collectées par les radars concernant l'utilisation de portables au volant et le fait de lancer des poursuites en découlant ne sont actuellement pas autorisés. L'introduction d'un tel système au Luxembourg nécessiterait donc l'adaptation de la législation ainsi que la vérification de la conformité avec la loi sur la protection des données.

– D'un point de vue technique et opérationnel, l'outil informatique de la chaîne de contrôle sanction automatisée (CSA) du Centre national de traitement devrait être adapté pour permettre une sanction automatisée des infractions dues à l'utilisation du téléphone portable au volant.

**Extension de la disposition permettant un recours à la peine de mort en Biélorussie** | Question 6238 (23/05/2022) de **M. Gusty Graas** (DP)

Selon un décret publié mercredi 18 mars, la Biélorussie a introduit la peine de mort pour préparation d'attentat et pour « tentative d'acte de terrorisme ». Jusqu'à

présent, seules les personnes qui avaient en effet commis un tel acte étaient passibles de la peine de mort. Selon un article au « Figaro » du 18 mai 2022, ces nouvelles dispositions entreront en vigueur vers la fin du mois de mai. La « leader » de l'opposition Svetlana Tikhanovskaïa, ainsi que les opposants au régime du président, y voient une menace et une attaque directe, visant à étouffer toute expression de divergence d'opinion et de révolte.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Comment Monsieur le Ministre évalue-t-il cette extension de la disposition permettant un recours à la peine de mort en Biélorussie ?

2) Est-ce que l'Union européenne envisage d'entamer des démarches dans ce contexte ? Dans l'affirmative, lesquelles ?

**Réponse** (22/06/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1) La Biélorussie est le seul pays européen à pratiquer encore la peine de mort. L'extension de la peine capitale à des « tentatives d'actes de terrorisme » constitue une évolution des plus inquiétantes dans ce pays, parce qu'avec cette notion, juridiquement vague, le régime se donne les moyens de supprimer des opposants politiques sous le couvert de la légalité. Le Luxembourg, comme tous les États membres du Conseil de l'Europe et de l'Union européenne, est opposé à la peine capitale, quelles que soient les circonstances.

ad 2) Suite aux élections tronquées du 9 août 2020 et à la détérioration de la situation politique et sécuritaire en Biélorussie, l'UE a réduit sa coopération bilatérale avec les autorités biélorusses, tout en accroissant son soutien au peuple et à la société civile biélorusses. Au lendemain de l'approbation de l'Assemblée nationale de l'amendement au code criminel en question, le Service européen d'action extérieure a publié une déclaration condamnant fermement cette décision.

**Plafonnement des prix du gaz** | Question 6245 (24/05/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

La présidence française de l'Union européenne vient de proposer « un plafonnement à 27 membres de l'UE des prix du gaz » afin de lutter contre l'augmentation massive des prix de cette énergie. Le ministre français a en outre proposé des achats groupés de gaz pour obtenir des tarifs moins élevés.

– J'aimerais dès lors savoir des membres du Gouvernement quelle est leur position vis-à-vis de cette proposition sachant que le Luxembourg a opté pour d'autres mesures.

– Quelles en seraient les modalités concrètes ?

**Réponse commune** (30/06/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

Le 23 mars, la Commission européenne a adressé au Conseil européen et aux autres institutions européennes une communication sur les options d'urgence à court terme pour faire face aux prix élevés de l'énergie. Les 24 et 25 mars 2022, le Conseil européen a chargé la Commission de s'adresser d'urgence aux parties prenantes du secteur de l'énergie et d'examiner si et comment les options à court terme présentées par la Commission contribueraient à réduire le prix du gaz et à remédier à son effet de contagion sur les marchés de l'électricité. C'est dans sa communication du 18 mai sur les « interventions sur le marché de l'énergie à



court terme et améliorations à long terme de l'organisation du marché de l'électricité – ligne de conduite »<sup>1</sup> que la Commission a donné des réponses à la question posée par l'honorable Député concernant les modalités concrètes en relation avec une fixation des prix du gaz.

Dans ladite communication, la Commission constate que la cause première de la crise actuelle et des prix élevés du gaz est l'augmentation de la demande au niveau mondial après la Covid-19, le switch des pays asiatiques du charbon vers le gaz et l'utilisation du gaz par le Gouvernement russe comme un instrument géopolitique au niveau mondial. Elle indique que la réduction de la demande ainsi que l'augmentation de l'offre tant à l'intérieur qu'à l'extérieur de l'UE auront donc une incidence significativement positive à cet égard. Ainsi, la mise en place récente d'une plateforme de l'UE pour l'énergie devrait contribuer à garantir l'approvisionnement énergétique à des prix équitables ainsi qu'à réduire et, à terme, à éliminer la dépendance de l'UE à l'égard du gaz russe. La plateforme vise à regrouper la demande de gaz dans l'UE sur une base volontaire afin d'attirer des approvisionnements fiables provenant des marchés mondiaux et d'atténuer les effets sur les prix.

Le Luxembourg suit avec attention la mise en place de cet instrument et décidera en temps voulu du volume et de la forme de sa participation.

La Commission estime effectivement que d'autres mesures peuvent également être appliquées, par exemple des mesures nationales temporaires visant à subventionner le coût du gaz utilisé pour la production d'électricité (par exemple, l'instauration d'un prix de référence pour le gaz utilisé pour la production d'électricité) en vue de faire baisser les prix sur le marché de l'électricité. Ces mesures devraient être conçues d'une manière compatible avec les traités de l'UE, notamment en ce qui concerne l'absence de restrictions aux exportations transfrontalières, la législation sectorielle et les règles en matière d'aides d'État, et être notifiées à la Commission pour approbation. La Commission note que de telles mesures peuvent entraîner des coûts importants. Ces mesures devraient être strictement limitées dans le temps et adaptées aux régions ayant une capacité d'interconnexion très faible, où l'influence du gaz sur la fixation des prix est forte et où les consommateurs sont particulièrement exposés aux prix de gros de l'électricité. Les mesures devraient également éviter de pénaliser les acteurs du marché qui ont garanti leur électricité au moyen de contrats à terme. Cette mesure est p. ex. appliquée en ce moment sur le marché ibérique, marché à très faible interconnexion avec le reste de l'UE.

Pour faire face à l'incidence des prix élevés pour les consommateurs, la Commission prévoit que les États membres peuvent, dans les circonstances actuelles, élargir la réglementation des prix de détail applicable au gaz naturel. Cela est particulièrement important lorsque le gaz joue un rôle particulier dans le chauffage et les matières premières industrielles. Il convient de noter que la prise en charge pour tous les clients résidentiels des tarifs de réseau de gaz naturel au Luxembourg par l'État depuis début mai s'inscrit dans cette catégorie de mesures.

La Commission estime également que, dans un scénario de rupture complète de l'approvisionnement en gaz russe, une réduction de la demande de gaz pour les acteurs industriels, même dans les États membres moins directement touchés, pourrait être nécessaire

afin de garantir l'approvisionnement pour les fonctions ou secteurs essentiels dans les États membres plus directement touchés.

Le Luxembourg soutient la communication de la Commission du 18 mai, et notamment la préparation adéquate à une éventuelle cessation totale de l'approvisionnement en gaz russe.

Par contre, le Luxembourg, comme une majorité d'États membres, n'est pas favorable à la question d'un plafonnement général des prix du gaz qui a été évoquée à plusieurs reprises dans le cadre du Conseil européen et du Conseil des ministres de l'Énergie.

L'instauration d'un tel plafonnement des prix pourrait nuire à la capacité de l'Union européenne à attirer les approvisionnements par gazoducs et en GNL provenant d'autres canaux d'approvisionnement, et aggraverait encore la pénurie (concurrence au niveau du GNL notamment avec l'Asie).

Il convient de noter que l'Agence de coopération des régulateurs européens de l'énergie (ACER) a également mis en garde contre de tels effets secondaires.

#### Augmentation du nombre d'affaires de pédopornographie | Question 6246 (24/05/2022) de M. Mars Di Bartolomeo | M. Dan Biancalana (LSAP)

Les autorités belges ont observé entre 2019 et 2020 une forte augmentation du nombre d'affaires de pédopornographie, avec un bond de 95 %. Aussi, la fondation « Childfocus.be », qui lutte contre l'exploitation sexuelle des mineurs en ligne, a enregistré un nombre record de signalements d'images d'abus sur mineurs pendant la même période.

Ceci a amené le Gouvernement belge à augmenter les subsides à ladite fondation afin de lui permettre un traçage plus efficace des auteurs par le biais de l'outil canadien « Arachnid » qui est selon les experts très efficace en la matière.

1) Nous aimerions dès lors savoir de Madame la Ministre de la Justice si une augmentation comparable des affaires de pédopornographie a été observée au Luxembourg.

2) Combien de ces affaires ont donné lieu à des poursuites et le cas échéant à quelles peines ?

3) Quels sont les partenaires du Gouvernement dans ce domaine ?

4) L'outil canadien est-il utilisé au Luxembourg pour traquer auteurs et utilisateurs de ces publications illicites ?

#### Réponse commune (24/06/2022) de Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1) Il a pu être observé qu'entre les années 2019 et 2020, les chiffres des affaires de pédopornographie ouvertes auprès des parquets ont quasiment doublé. Néanmoins, cette augmentation s'explique par une action coup de poing concertée par la police et le parquet en juillet 2020 lors de laquelle 46 perquisitions ont été effectuées et au sujet de laquelle une conférence de presse avait été organisée.

Il n'est donc pas possible de déduire de l'augmentation du nombre de dossiers ipso facto à une amplification de ce phénomène, d'autant plus que le nombre d'affaires ouvertes a diminué à nouveau en 2021. Selon les enquêteurs du terrain, une augmentation telle qu'en Belgique ne peut pas être constatée au Luxembourg.

Les chiffres exacts sont les suivants :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

ad 2) Les tableaux ci-dessous renseignent les chiffres demandés.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 3) Le Gouvernement dispose de partenaires tant nationaux qu'internationaux. Au niveau national, le Gouvernement collabore avec un certain nombre d'ONG et d'associations actives en matière de lutte contre la pédopornographie et l'abus sexuel de mineurs (ECPAT, Bee Secure, Kanner-Jugendtelefon). Peuvent être cités à titre d'exemple les sites Internet [www.childprotection.lu](http://www.childprotection.lu) et [www.stopline.beesecure.lu](http://www.stopline.beesecure.lu) qui permettent de signaler du contenu illicite à la Police grand-ducale.

Au niveau international, le Luxembourg collabore avec les autorités européennes et internationales compétentes en la matière, notamment Europol et Interpol, ainsi qu'avec les services de police étrangers.

ad 4) Cet outil n'est pas utilisé par la Police grand-ducale.

#### Sécheresse actuelle | Question 6247 (24/05/2022) de M. André Bauler | M. Gusty Graas (DP)

2018 et 2019 figurent parmi les années les plus sèches de notre chronique météorologique. Depuis mars 2022, les eaux pluviales ont diminué de nouveau sensiblement par rapport aux volumes enregistrés aux printemps de 2020 et de 2021. De plus, les eaux pluviales de l'hiver dernier semblent avoir été insuffisantes pour combler les réserves en eau potable.

Voilà pourquoi nous souhaiterions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement :

1) Madame la Ministre peut-elle fournir des statistiques sur l'évolution des cotes des différents cours d'eau du pays et sur celles des réserves du Lac de la Haute-Sûre depuis mars 2020 ?

2) Au vu de la sécheresse actuelle, le Ministère de l'Environnement est-il disposé à prendre dès à présent des mesures préventives pour sensibiliser les consommateurs de toutes sortes à économiser de l'eau potable, en particulier au cas où l'on pourra bien s'attendre à une saison estivale sans pluies notables ?

#### Réponse (01/07/2022) de Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1) L'état des cours d'eau reflète en règle générale les données pluviométriques ainsi que l'état de la végétation. Les cours d'eau présentent de façon habituelle leurs plus bas niveaux d'eau entre août et octobre. Au cours des 20 dernières années, certains cours d'eau présentaient néanmoins de façon isolée le niveau le plus bas en mai ou en juin. Les petits cours d'eau peuvent en effet atteindre leurs niveaux d'eau annuels les plus bas dès juillet et le niveau d'eau a tendance à rester constant pendant l'été. Les sécheresses saisonnières, ainsi que des températures de l'eau estivales parfois très élevées peuvent mettre sous pression l'écosystème des cours d'eau au Luxembourg. De manière générale, les cours d'eau atteignent de nouveau des niveaux normaux en hiver. Les cours d'eau avec une connexion à des aquifères importants, comme le grès de Luxembourg, sont quant à eux marqués par un débit d'étiage constant. Ce débit dépend de la disponibilité de l'eau en provenance des sources d'eau souterraine, qui de son côté est fonction de la recharge de l'eau souterraine qui a lieu pendant la période hivernale (octobre à avril) des années précédentes. Par conséquent, les recharges de l'eau souterraine ont également un impact sur l'état des cours d'eau.

<sup>1</sup> <https://eur-lex.europa.eu/legal-content/EN/TXT/?uri=COM%3A2022%3A236%3AFIN&qid=1653032581730>



L'année 2020 a été l'année la plus sèche depuis les enregistrements systématiques des niveaux d'eau au Luxembourg (2002), encore plus sèche que les années 2018 et 2019, surtout dans l'Oesling mais également pour de nombreux cours d'eau du Gutland.

À titre d'exemple, la moyenne journalière du débit de la Sûre à la station de mesure de Bigonville s'élevait au moment le plus bas, fin septembre 2020, à seulement quelques litres par seconde, tandis que le débit moyen d'étiage (MNQ) pour cette station est de 349 l/s. À Kautenbach sur la Wiltz, la moyenne journalière la plus basse du débit ne représentait qu'un quart du débit moyen d'étiage. Dans l'Oesling les débits d'étiage minimaux ont une probabilité de se produire dans un intervalle de 20 ans (temps de retour), voire des périodes plus longues. Sur la partie amont de la Sûre et sur l'Our ont été enregistrés des temps de retour de 50 ans. À noter que les temps de retour sont basés sur des débits d'étiage en comparaison avec le VCN7 hebdomadaire.<sup>2</sup> Au sud du pays, l'Attert n'avait plus que 2/3 de son débit moyen d'étiage, ce qui correspond à un temps de retour de dix ans tandis que l'Alzette, l'Eisch et la Mamer étaient légèrement en dessous de leur moyenne d'étiage, avec des temps de retour de cinq ans. La Mamer faisait exception avec un temps de retour de 20 ans.

En général, les cours d'eau étaient marqués en 2020 par des niveaux absolus très bas par rapport aux moyennes statistiques, avec un minimum fin septembre. En octobre et en novembre, les niveaux des cours d'eau se sont légèrement stabilisés en raison des précipitations survenues à ce moment. À partir de décembre les niveaux d'eau ont de nouveau atteint un niveau normal pour la saison.

L'année 2021 par contre était particulièrement humide et n'était pas marquée par des débits d'étiage importants.

Actuellement les cours d'eau ne sont pas marqués par des conditions exceptionnellement sèches. L'évolution future des débits dépend des conditions météorologiques des semaines à venir.

Les débits d'étiage sous forme du VCN7 hebdomadaire (depuis 2002 au Luxembourg) ainsi que l'évolution hebdomadaire actuelle peuvent être consultés sur le site des Commissions internationales pour la protection de la Moselle et de la Sarre (CIPMS)<sup>3</sup>.

En ce qui concerne les eaux du lac de la Haute-Sûre, les cotes d'exploitation de la réserve d'eau du barrage d'Esch-sur-Sûre sont définies par une convention qui a été signée entre l'État luxembourgeois et l'exploitant de la centrale hydroélectrique le 3 avril 2003. Ainsi, la cote maximale du lac, fixée pour garantir la sécurité du mur du barrage, dépend du mode opératoire du barrage. Durant la période estivale (qui s'étend du 1<sup>er</sup> avril au 31 octobre), le barrage joue un rôle de sécurisation de l'approvisionnement en eau potable et la cote maximale à respecter est alors de 320 m (NMM<sup>4</sup>), tandis que durant la période hivernale (qui s'étend du 1<sup>er</sup> novembre au 31 mars), le barrage joue un rôle de protection contre les inondations avec une cote maximale de 317 m (NMM).

Depuis avril 2022, le niveau du lac est plus au moins stable autour de 319 m et commence doucement à s'abaisser. Actuellement (mi-juin 2022) la cote est de 318,6 m et correspond plus ou moins à la moyenne à

long terme pour ce mois. Seul pendant les années 2017, 2014 et 2011 ce niveau était nettement inférieur.

Il faut cependant noter que le niveau d'eau actuel du lac de barrage d'Esch-sur-Sûre ne permet pas de tirer des conclusions sur l'évolution de son niveau pour le restant de l'année. L'évolution future du niveau dépend des conditions météorologiques des semaines à venir.

ad 2) Les pointes de consommation d'eau potable sont surtout constatées lorsque les températures avoisinent ou dépassent les 30° C pendant une période de plusieurs jours consécutifs. Une combinaison de températures chaudes avec une période de sécheresse prolongée accentue encore davantage l'effet des besoins de pointe. Afin d'alerter la population lorsqu'une période de fortes chaleurs avec un risque de sécheresse s'annonce, une phase de sensibilisation en vue de réduire la consommation en eau potable aide à rendre attentive la population sur le fait de toujours bien veiller sur cette ressource précieuse et de l'utiliser avec parcimonie. Une telle phase de sensibilisation a été lancée en date du 16 juin 2022, dans laquelle les communes et la population ont été appelées à ne pas gaspiller l'eau du robinet et à limiter les consommations aux besoins les plus essentiels.

Il est à noter qu'actuellement les niveaux des ressources en eau souterraine ainsi que des réserves dans le Lac de la Haute-Sûre sont suffisants pour pouvoir alimenter la population pendant les mois d'été, et ce même en cas de forte consommation. L'augmentation des capacités de traitement du SEBES de 72.000 à 110.000 m<sup>3</sup>/j a en effet permis d'améliorer la disponibilité des ressources d'eau potable auprès des communes syndiquées. Il est toutefois à noter que l'augmentation des capacités de traitement du SEBES n'a pas d'effet bénéfique pour les communes autonomes qui ne sont pas reliés au réseau du SEBES. De plus, à cause de la forte croissance économique et démographique lors des dernières années, les infrastructures d'eau potable au niveau communal ne sont pas toujours adaptées à la forte demande en eau potable pendant les périodes de consommation de pointe. Pour atténuer cet effet et pour éviter au maximum que les communes soient contraintes de déclarer des phases orange (pénurie eau potable) voire rouge (aggravation pénurie eau potable), la population est sensibilisée d'économiser l'eau potable pendant les mois d'été et de façon générale.

([https://eau.gouvernement.lu/fr/actualites.gouvernement%2Bfr%2Bactualites%2Btoutes\\_actualites%2Bcommunes%2B2022%2B06-juin%2B16-precaution-secheresse.html](https://eau.gouvernement.lu/fr/actualites.gouvernement%2Bfr%2Bactualites%2Btoutes_actualites%2Bcommunes%2B2022%2B06-juin%2B16-precaution-secheresse.html))

Indépendamment de la situation météorologique, le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et l'Administration de la gestion de l'eau conseillent toujours d'utiliser les ressources en eau de manière responsable et d'éviter tout gaspillage d'eau potable. Le Gouvernement luxembourgeois a adopté une stratégie à long terme afin de garantir la sécurisation de l'approvisionnement en eau potable qui se base sur trois piliers interconnectés (1. protection de la qualité des ressources en eau, 2. économies d'eau potable, 3. création de nouvelles ressources), dont le deuxième pilier se consacre précisément aux potentiels d'économie d'eau dans les secteurs ménage, industrie et horticulture.

commune pour les élections européennes, dans les 27 États membres – le 9 mai, journée de l'Europe.

Surtout et toujours selon cette proposition, chaque citoyen disposerait de deux bulletins : le premier, comme c'est le cas actuellement, pour élire les représentants à l'échelle nationale ; le deuxième destiné à choisir 28 élus se présentant sur les listes transnationales (avec garantie d'une représentation géographique équilibrée).

Parmi ceux-ci figurerait le/la président/e de la Commission européenne. La réforme propose encore d'introduire des listes paritaires (avec une alternance entre hommes et femmes) ou des quotas. Cette proposition sera maintenant présentée au Conseil au sein duquel l'unanimité est requise.

– J'aimerais savoir de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État quelle est l'attitude qu'adoptera le Luxembourg à ce sujet au sein du Conseil.

**Réponse** (22/06/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État

Le Gouvernement est en principe favorable au projet d'acte législatif visant à réviser l'acte électoral de l'Union européenne, sans pour autant être en mesure de pouvoir arrêter à ce stade ses positions par rapport au détail des propositions respectives du Parlement européen alors que celles-ci feront l'objet de discussions et de négociations au niveau du Conseil de l'Union européenne.

**Recul dans l'industrie des fonds** | Question **6254** (25/05/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

Les crises actuelles sont responsables pour le recul dans l'industrie des fonds. Ainsi, la perte potentielle des investisseurs en Europe est estimée, pour les premiers mois de 2022, à quelque 600 milliards d'euros par l'agence de rating « Morningstar ».

– Comme le Luxembourg est l'un des principaux acteurs mondiaux en matière de fonds, j'aimerais savoir de Madame le Ministre des Finances comment s'est développée l'industrie des fonds au Luxembourg.

– Quelles sont les perspectives à moyen et à long terme ?

**Réponse** (24/06/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

L'année 2021 a été une année exceptionnelle pour l'industrie luxembourgeoise des fonds d'investissement. Les organismes de placement collectif ont notamment enregistré un record absolu à la fin du mois de décembre 2021, avec des actifs sous gestion s'élevant à 5.859 milliards d'euros, ce qui correspond à une hausse de près de 900 milliards en un an.

D'après les données recueillies par la Commission de surveillance du secteur financier, les avoirs nets des organismes de placement collectif s'élevaient fin avril 2022 à environ 5.477 milliards d'euros. Cette baisse de quelque 382 millions d'euros par rapport à fin 2021 s'explique notamment par l'environnement économique dégradé et reflète l'évolution baissière des cours de bourse au cours des derniers mois.

Il convient toutefois de noter dans ce contexte que l'évolution n'a pas été linéaire au cours des derniers mois. Les actifs sous gestion des fonds d'investissement luxembourgeois ont notamment à la fin du mois de mars enregistré une légère hausse de 0,22 % par rapport à fin février.

Dans son rapport final suite à sa mission au Luxembourg en mars 2022 dans le cadre des consultations

<sup>2</sup> VCN7 hebdomadaire : Le VCN7 hebdomadaire correspond à la plus faible des moyennes arithmétiques calculées sur les sept jours consécutifs de la semaine écoulée

<sup>3</sup> <http://www.iksms.de/servlet/is/2000122/> et <http://www.iksms-cipms.org/servlet/is/2000902/>

<sup>4</sup> NMM = Niveau moyen de la mer



annuelles au titre de l'Article IV, le Fonds monétaire international parle d'une exposition directe très limitée des fonds d'investissement luxembourgeois à la Russie et à l'Ukraine – 0,3 % de tous les avoirs. L'institution a également confirmé de manière plus générale dans ce rapport la résilience du secteur financier luxembourgeois, qui a contribué au redressement rapide du pays après la pandémie, et qui continue d'afficher de solides marges de capital et de liquidité.

**Utilisation de l'eau de la Moselle comme eau potable** | Question 6255 (25/05/2022) de **M. André Bauler** | **M. Gusty Graas** (DP)

Eis ass zu Ouere komm, datt de Moment Studie gemaach géife ginn, fir Drénkwaasser aus der Musel opzebereeden.

An deem Kader wollt mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung follgend Froe stellen:

– Ëm wat fir eng Studien handelt et sech? Wéini wäerten déi spëtstens ofgeschloss sinn?

– Wat fir Risike kéint vum Atomkraftwierk Cattenom am Kontext vun der Drénkwaassergewënnung aus der Musel ausgoen?

– Wéi huet sech d'Waasserqualitéit vun der Musel an de leschte Joren entwéckelt? Mussen an deem Zesummenhang nach weider Moossnamen ergraff ginn?

**Réponse** (01/07/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. De Moment lafen Etüden, fir d'Machbarkeit vun enger Potabilisatioun vu Waasser aus der Musel ze prüwen. Et handelt sech virun allem ëm d'Beräicher vun der Opbereedungstechnik an dem Verdeeelungsresseau an dës wäerten Enn 2022 ofgeschloss sinn. Eréischt nom Ofschloss vun deenen Etüde kann eng Conclusioun gezu ginn, wéi d'Muselwaasser fir Drénkwaasserzwecker ka benotzt ginn.

ad 2. Am Fall vun engem schwéieren nuklearen Accident zu Cattenom, deen och aner déifgräifend Konsequenzen op eist Land hätt, besteet de Risiko vun engem Relarguage vun Tritium an d'Musel. Fir dësen Impakt op d'Drénkwaasserversuergung ze verhënneren, falls d'Muselwaasser géif benotzt ginn, misst ee Fréierkennungssystem installéiert ginn, fir ze verhënneren, datt Tritium an den Drénkwaassersystem kënn. Esou ee Fréierkennungssystem enthält notament Miessstationen a Pufferweieren. Och am Fall vun engem temporären Ausfall vun der Drénkwaasserversuergung vun der Musel kéint d'Versuergung vum Land garantéiert ginn, dëst duerch d'Kapazitéit vun der SEBES-Anlag zu Eschduerf an duerch d'Bedreiwe vun Déiftbuerunge vun der „solution de secours“.

ad 3. Dat ökologescht Potential vun der Musel ass laut de Bewäertungskrittäre vun der Waasserdirektiv (2000/60/CE) als onbefriddend agestuft. Déi physikalesch-cheemesch Parametere, déi nieft anere Parametere an déi Bewäertung agefloss sinn an op der Miessstation zu Waasserbëlleg beprooft goufen, goufen dobäi als mässeg agestuft. De cheemeschen Zoustand vun der Musel gouf als schlecht agestuft. Insgesamt gekuckt ass d'Situatioun an deene leschte Jore stabil bliwwen.

Mat modernen Traitementen ass dëst awer kee gréisser Problem fir d'Drénkwaasserproduktioun duerstellen. Déi lafend Etüde wäerte weisen, wéi dësen Traitement muss ausgesinn, fir eng gutt Drénkwaasserqualitéit kënnen ze garantéieren.

Weiderhi sinn och eng ganz Rei Moossnamen am Waasserbewirtschaftungsplang fir d'Period 2021–2027 festgehalen, fir d'Qualitéit vun der Musel allgemeng ze verbesseren.

**Éclairage le long des autoroutes** | Question 6257 (27/05/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

En Artikel vum „Lëtzebuerger Wort“ aus dem Joer 2019 thematiséiert den Ofbau vun de Luuchtepotten op verschiddenen Autobunnen – dorënner ee Segment op der A13 tëschent dem Tunnel Aessen an dem Tunnel Éilereng, wou op engem ronn zwee Kilometer laangen Ofschnëtt d'Luuchtepotten ewechgemaach goufen. Och op der A1 gouf d'Belichtung op enger Streck vu bal fënnf Kilometer tëschent dem Tunnel Houwald a Sandweiler demontéiert. D'Moossnam gouf geholl mam Argument, dass d'Belichtung vereelt gewiescht wier an d'Ersatzdeeler net méi produzéiert goufen. Gläichzäitig sollt duerch dës Moossnam d'Liichtverschmutzung reduzéiert ginn an och Energie gespuert ginn.

Et ass net déi éischte Kéier, dass esou Aarbechten ënnerholl goufen. Schonn 2014 goufen op der A6 an der A13 ronn 600 Belichtungsmasten demontéiert, och opgrond vun hirem Alter.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Energie, ëffentlech Aarbechten, an Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Luuchtepotten goufe säit Amtsuntrëtt vum Minister am Joer 2013 op den Autobunnen demontéiert gelaoss?

2. Wéi vill Kilometer Autobunn sinn doduerch net méi beliicht?

3. Ass an Zukunft virgesinn, op weideren Autobunnssegmenter d'Luuchtepotten ewechzehuelen?

4. Wéi vill KWh pro Joer zousätzlech Aspuerung goufen duerch d'Ofmontéierung vun de Luuchtepotten säit Amtsuntrëtt vum Minister enregistriert?

Op wéi vill Euro belafe sech dës järelech Aspuerungen?

5. Op wéi vill KWh schätzt den Energieminister de Verbrauch vun der gesamter Infrastruktur vun der ëffentlecher Belichtung?

6. Goufen Etüde gemaach fir ze ermëttelen, ob d'Reduzéierung vun der Liichtverschmutzung an der Ëmgéigend vun de concernéierten Autobunnen e positiven Effekt op d'Awunner an/oder op d'Déierewelt hat?

**Réponse commune** (11/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministère de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Claude Turmes**, Ministère de l'Énergie | **Mme Joëlle Welfring**, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. An de Joren 2014 an 2015 goufen op der Autobunn A6 insgesamt 590 Potten demontéiert, wat 590 eenzele Luuchten entsprécht.

Am Joer 2019 goufen op den Autobunnen A1 an A13 63 respektiv 49 Potten demontéiert, dëst entsprécht 126 respektiv 98 eenzele Luuchten.

Alles an allem ergëtt sech heiraus een Total vu 702 Potten an 814 eenzele Luuchten.

ad 2. Nodeems déi genannte Luuchtepotten um Autobunnsresseau ofmontéiert goufen, sinn op der A6 7,4 Kilometer, der A1 1,86 Kilometer an der A13 2,35 Kilometer net méi beliicht.

Am Ganzen entsprécht dat 11,61 km vum Autobunnsresseau.

ad 3. Am Moment ass net virgesinn, fir weider Demontage vu Luuchtepotten op dem Autobunnsresseau virzehuelen.

ad 4. Déi duerch dës Moossnam erziilt Erspuurnisser vun der Energie belafe sech betreffend der A6 op 400.000 KWh an op der A1/A13 zesummen op 150.800 KWh.

Dëst entsprécht, op Basis vun den aktuellen Energiepräisser, engem Erspuurnis vu ronn 131.500 Euro pro Joer.

ad 5. Den Energieverbrauch duerch d'Belichtung vun de Staatsstroossen (Routes nationales a Chemins repris) beleef sech op insgesamt 20,65 Milliounen KWh pro Joer.

Op den Autobunnen (ouni Tunnellen) ass et ee Verbrauch vun 3,24 Milliounen KWh pro Joer.

ad 6. Eis si keng där Etüde bekannt.

**Démolition partielle du château d'Eisenborn et travaux en zone verte** | Question 6259 (30/05/2022) de **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk)

Selon des informations qui m'ont été transmises, des travaux seraient en cours sur le site du château d'Eisenborn dans la commune de Junglinster. Le château d'Eisenborn a été acquis par le Fonds du logement qui a entre-temps entamé des travaux de démolition partielle du château et des travaux d'aménagement du parc du château dont l'abattage d'arbres.

Vu que le château avec son parc est situé en zone verte au sens de la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles, ces travaux sont soumis à l'obtention d'une autorisation ministérielle.

Partant je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement :

1) Madame la Ministre est-elle au courant des travaux du Fonds du logement en pleine zone verte et les a-t-elle approuvés ?

2) Madame la Ministre a-t-elle approuvé un changement dans la délimitation de la zone verte conformément à l'article 5 de la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles ?

3) La création de jardins privatifs et la construction d'un parking ainsi que d'une nouvelle voie d'accès relèvent-elles des dispositions dérogatoires pour les constructions autorisées en zone verte en vertu de l'article 6 de la loi précitée ?

4) Le changement d'affectation a-t-il été autorisé préalablement par votre ministère conformément aux dispositions de l'article 14, paragraphe 1, de la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles, tout en sachant que le parc du château est à considérer selon la loi comme parc d'agrément bénéficiant d'un statut de protection particulier ?

5) La Ministre de l'Environnement a-t-elle autorisé les travaux d'enlèvement et de dépôt de terres en zone verte conformément au paragraphe 1 de l'article 9 de la loi précitée ? Dans ce même contexte, le paragraphe 2 de l'article précité stipule que sauf dispense du ministre, le bénéficiaire de l'autorisation est tenu de rendre au sol son caractère naturel, en boisant ou en regarnissant de végétation les excavations, déblais ou remblais destinés à subsister de manière permanente. Le Fonds du logement bénéficie-t-il d'une telle dérogation ?



6) Madame la Ministre a-t-elle approuvé préalablement l'abattage de plus de 50 arbres dans le parc du château, conformément aux articles 59 et 60 de la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles ? Dans le cas contraire, quelles sanctions seront prises contre le propriétaire ?

7) Les arbres du parc ont-ils été inspectés, recensés et enregistrés ? Dans l'affirmative, quand et par quelles autorités les arbres ont-ils été enregistrés ?

8) Quelles mesures de compensation ont été retenues dans ce cas précis tout en sachant que l'article 63 de la loi précitée prévoit une évaluation avant les travaux dans le but de déterminer des mesures de compensation éventuelles ?

9) Quelles sont les voies de recours en l'espèce, notamment en ce qui concerne l'article 68 de la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles ?

**Réponse (05/07/2022) de Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Le projet se situe dans une zone mixte villageoise (zone urbanisée ou destinée à être urbanisée) de la commune de Junglinster et non en zone verte.

Lors d'une visite des lieux de l'Administration de la nature et des forêts (ANF) en date du 3 juin 2022, des travaux en cours n'ont pu être constatés en zone verte. Pour autant qu'aucun biotope protégé au sens de l'article 17 de la loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles n'est réduit, détruit ou détérioré, une autorisation du Ministre ayant l'Environnement dans ses attributions n'est pas requise dans une zone urbanisée ou destinée à être urbanisée.

Lors d'une autre visite des lieux en date du 9 juin 2022 avec des experts agréés en la matière, servant à identifier d'éventuels habitats potentiels d'espèces protégées, la présence de nids d'hirondelles rustiques à l'intérieur du bâtiment a été constatée. Une demande d'autorisation relative à la destruction de sites de reproduction de l'hirondelle rustique n'a pas été introduite à ce jour.

En ce qui concerne les travaux d'abattage dans le parc du château d'Eisenborn se situant en zone verte (zone de parc public et de parc privé), l'abattage des épiceas scolytés a été autorisé en date du 25 avril 2019, respectivement en date du 2 juillet 2021.

ad 2) La délimitation de la zone verte n'a pas changé et figurait déjà telle quelle dans le Plan d'aménagement général (PAG) de la commune de Junglinster avant la refonte dudit PAG en 2018.

ad 3) Le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable (MECDD) n'est pas saisi d'un tel projet à l'heure actuelle. De ce fait, il n'est pas possible de juger sur la possibilité d'une dérogation pour certains des éléments mentionnés.

ad 4) Un changement d'affectation n'a pas eu lieu.

ad 5) Lors de la visite des lieux de l'ANF en date du 3 juin 2022, aucun enlèvement ou dépôt de terres n'a pu être constaté en zone verte.

ad 6) Deux autorisations ministérielles pour l'abattage des arbres scolytés en question ont été accordées.

ad 7) La totalité des arbres du parc a été inventoriée et cartographiée en date du 3 août 2020 par une entreprise spécialisée dans le domaine.

ad 8) Des plantations de compensation ont été requises dans le cadre des deux autorisations en question.

ad 9) Contre les décisions prises en vertu de la loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles, un recours en annulation est possible devant le tribunal administratif.

#### Catalogue de critères permettant la mise en place d'un système de subsides pour les médias locaux | Question 6260 (30/05/2022) de Mme Francine Closener | Mme Lydia Mutsch (LSAP)

Une cartographie reprenant les emplacements des différents services de radios luxembourgeoises vient récemment d'être publiée sur le portail Internet [www.geoportail.lu](http://www.geoportail.lu). Il s'agit d'une mesure faisant suite à la motion adoptée le 8 juillet 2021 par la Chambre des Députés, dans le cadre des débats sur le projet de loi relatif à un régime d'aides en faveur du journalisme professionnel. En outre, à la question parlementaire n° 5957, Monsieur le Ministre des Communications et des Médias relève qu'une base légale est en train d'être finalisée pour permettre aux radios locales une diffusion via DAB+.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Communications et des Médias :

– Où en sont les travaux relatifs à l'élaboration d'un catalogue de critères permettant la mise en place d'un système de subsides pour les médias locaux ?

– Qu'en est-il des réflexions concernant l'opportunité d'un soutien aux médias locaux pour leurs actions spécifiques en faveur de l'éducation aux médias ?

– Quel type de soutien est prévu pour accompagner l'adaptation des médias locaux au contexte numérique ?

**Réponse (05/07/2022) de M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias

La publication d'une cartographie des médias locaux sur le site Internet du géoportail donne en effet suite à une motion adoptée par la Chambre des Députés et vise à augmenter la visibilité des médias régionaux et locaux en promouvant leurs activités essentielles pour la vie citoyenne. La motion invite également le Gouvernement à étudier l'opportunité d'un soutien des médias locaux pour soutenir leur adaptation au contexte numérique. À l'heure actuelle, il est envisagé que ce soutien public pourra prendre la forme d'un soutien dans le cadre de la radiodiffusion via le standard numérique DAB+. Un tel modèle devrait permettre un allègement des charges de ce type de radios tout en les accompagnant vers une technologie de diffusion orientée vers le futur.

Pour déterminer les modalités appropriées pour atteindre le but recherché – à savoir l'introduction d'un système de soutien des radios locales durable et juste – il importe également d'assurer que ce système soit économiquement viable, juridiquement réalisable et bien entendu efficace d'un point de vue technique.

La prise en compte de l'ensemble de ces variables requiert la consultation d'un nombre important d'acteurs. Dans ce contexte, l'avis de l'Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel a également été demandé<sup>5</sup>.

Alors que le déploiement du DAB+ est envisagé pour fin de l'année 2022, un premier multiplex numérique devra être économiquement viable, sachant qu'il est envisagé que des projets de radio innovants ayant

des finalités non lucratives pourront également être hébergés sur ce multiplex. En étroite concertation avec l'ALIA, la participation des radios locales dans ce contexte sera par ailleurs étudiée afin d'identifier un modèle juste et viable, permettant d'accompagner la transition de ces radios vers la diffusion via DAB+.

La diffusion numérique des radios locales sur un deuxième multiplex pourra compléter le paysage de radio-diffusion numérique dans une deuxième étape, en fonction des demandes existantes, des retours d'expérience du premier multiplex ainsi que des moyens budgétaires disponibles. En ce qui concerne l'éventuel lancement d'un deuxième multiplex, à vocation non commerciale, un soutien spécifique et adapté aux besoins de radios locales sera étudié.

#### Application DIJA | Question 6262 (30/05/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Mat Hëllef vun der ukrainescher App DIJA („Aktion“) gouf virum Ausbroch vum Krich an der Ukrain eng Rei staatlech administrativ Prozeduren an och perséinlech Pabeieren digitaliséiert. De Benotzer (innen) vun der App ass et esou beispillsweis méiglech, offiziell Dokumenter an der App ze generéieren/späicheren a bei enger Kontroll ze presentéieren. Grad a Krichszäite kann et fir geflüchte Persounen schwéier sinn, un hir offiziell Dokumenter ze kommen, wann dës virun der Flucht zerstéiert goufen oder während deem verluer gaange sinn. En Unerkennung vun den digitalen Dokumenter aus der öffentlecher Applikation DIJA duerch Lëtzebuerg an och aner EU-Staate kéint deemno villen Ukrainer(innen) eng Hëllef sinn.

An deem Zusammenhang wëllt ech dem Minister fir Digitaliséierung, dem Minister fir Immigration an Asyl an dem Justizminister dës Froe stellen:

1. Ginn zu Lëtzebuerg digital Dokumenter aus der ukrainescher App DIJA als offiziell Dokumenter akzeptéiert?

2. Falls net: firwat net a wat misst geschéien, fir eng Unerkennung méiglech ze maachen?

**Réponse commune (22/06/2022) de M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | **M. Marc Hansen**, Ministre délégué à la Digitalisation

D'Applikation DIJA (oder DIJA) bitt de Leit aus der Ukrain d'Méiglechkeet, verschidden Informatiounen aus offiziellen Dokumenter digital ze accedéieren. Dëst betrëfft néng verschidden Dokumenter, dorënner de Führerschäin, d'Carte d'identité, de Pass oder och de Gebuertsschäin. An der Ukrain selwer hunn déi digital Identitéitsdokumenter säit 2021 déi selwecht Valeur wéi physisch Dokumenter, dëst ass allerdéngs net de Fall ausserhalb vun der Ukrain, och net hei zu Lëtzebuerg.

Am Beräich vum Traitement vun den Demanden op temporäre Schutz duerch d'Immigrationsdirektioun vum Aussen- an Europaministère gouf net op d'Méiglechkeet zréckgegraff, d'Identitéit vun de Leit direkt mat Hëllef vun dëser Applikation ze etabléieren. Dëst, well keen direkte Besoin fir dës digital Solutioun festgestallt konnt ginn an déi allerméistes Leit physisch Dokumenter virweise konnt mat deenen hir Identitéit iwwerpréift konnt ginn.

Och bei anere Prozedure gëtt mat physischen Dokumenter geschafft. Allerdéngs kënnen dës Dokumenter am Virfeld digital generéiert gi sinn. Hei muss da séchergestallt ginn, datt dës Dokumenter authentesch sinn, wat duerch national Léisunge vun de jeeweilege Länner, déi d'Dokument ausstellen, muss kënnen

<sup>5</sup> Avis n° 07/2021 du 4 octobre 2021 du conseil d'administration de l'Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel relative au déploiement du DAB+ au Luxembourg



iwwerpréift ginn, änlech wéi de GouvCheck zu Lëtzebuerg. Jee no Prozedur muss zousätzlech zum digital generéierten Dokument eng Iwwersetzung virgewise ginn, déi och a Form vun engem physischen Dokument muss erbruecht ginn.

Am Kontext vun der Ukrainakris war op europäeschem Niveau an techneschen Aarbechtsgruppen iwwert d'Méiglechkeet vun enger Connectioun vun der DIJA Applikatioun op den EUDCC diskutéiert ginn, mee dës Aarbechte goufen awer net poursuiviéiert.

#### Avertissements aux cyclistes | Question 6263 (30/05/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

A menger parlamentarescher Fro N°6200 hunn ech mech iwwert d'Unzuel vun de Protokoller, déi u Vëlosfuereuren an un Automobilisten ausgestellt goufen, reiseignéiert.

Wéi den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet a senger Äntwert schreift, goufen an de leschte sechs Méint u 47 Vëlosfuereuren gebührepflichteg Verwarnunge wéinst Verstéiss géint de Code de la route ausgestellt. Verstéiss géint den Artikel 125.08 vum Code de la Route, also d'Netanhale vum Mindestofstand vun 1,5 Meter beim Iwwerhuele vu Vëlosfuereuren, konnt d'Police an deene leschte sechs Méint net feststellen.

Allerdéngs stellen Infractionne vum Artikel 125.08 fir vill Vëlosfuereuren eng akut Geforequell duer, déi dagdeeglech ze observéieren ass. Divers Grënn, wéi zum Beispill feelend Infrastrukturen, déi d'Vëlosweeër kloer vun de Stroossen trennen, féieren dozou, dass Vëlosfuereuren an Automobilisten sech dacks méi no kommen, wéi si et gären hätten.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass d'Donkelziffer un Infractionne géint den Artikel 125.08, déi net vun der Police observéiert an dofir net protokolléiert ginn, héich ass?
2. Wéi vill Infractionne vum Artikel 125.08 goufe säit senger Aféierung duerch d'groussherzoglecht Reglement vum 8. Abrëll 2018 konstatéiert?
3. Op wat fir Methode gräift d'Police zeréck, fir Infractionne vum Artikel 125.08 vum Code de la route ze kontrolléieren?
4. Wéi vill Policekontrollen hu säit der Aféierung vum Artikel 125.08 stattfonnt, fir Infractionne géint dësen Artikel ze kontrolléieren?

#### Réponse (22/06/2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure

D'Police aktéiert während hire reegelméisseg Kontrollen am Kader vun der allgemenger Verkéierssicherheit sämtlech Verstéiss, déi se feststellt, an erfaasst se och gegebenefalls an engem Procès-verbal. D'Aschätze vun enger Donkelziffer ass ëmmer schwierig.

Säit dem Akraafttriede vun der Gesetzgebung betreffend den Artikel 125.08 vum Code de la route am Joer 2018, ass déi Iwwerriedung 33 mol an de Police-Statistiken erëmfannen.

D'Netanhale vun 1,5 Meter ass eng Infraction, déi just während engem ganz kuerze Moment ze gesinn ass. D'Feststellung baséiert sech op en Aschätze vun enger Distanz, déi während engem ganz kuerze Moment vun engem Beamten observéiert gëtt. Spezifesch Kontrollen duerchzuführen, déi ausschliisslech op dës Infraction axéiert wieren, wier net am Sënn vun enger effizienter Verkéiersiwwerwachung säitens der Police. Aktuell gëtt et zu Lëtzebuerg kee géeegenten

techneschen a legal zougeloosenen Apparat an d'Legislatioun gesäit och kee vir.

De Sënn vun der Aféierung vun där betreffender Dispositioun am Joer 2018 an de Code de la route war an éischer Linn preventiver Natur an d'Responsabiliséiere vun de Chauffeuren am motoriséierte Verkéier, mam Zil d'Vëlofuere méi sécher ze gestalten.

D'Police huet rezent eng präventiv Campagne lancéiert, fir Respekt vis-à-vis vun deem aneren an d'Verhale vun allen Verkéiersteilnehmer am Sënn vun der Verkéierssicherheit nohalteg ze änneren.

#### Mobbing en milieu universitaire | Question 6265 (30/05/2022) de M. Marc Spautz (CSV)

Schwéier Mobbingvirwërf géint Unis- an Héichschoulprofessoren an Däitschland si Sujet vun engem Artikel, deem den 29. Mee 2022 an der „Frankfurter Allgemeine Sonntagszeitung“ publizéiert gouf. Hei temoignéieren Doktorandinnen, wéi se vu Professoren, awer och vu Professorinnen am Kader vun hirer Dokteraarbecht ënner Drock gesat goufen.

Déi betraffe Persounen, déi hire richtegen Numm net wëlle genannt wëssen, beschreiwen an deem Artikel och, wéi wéineg Méiglechkeete si hate respektiv hunn, fir sech géint hiren „Doktorvater“ respektiv hir „Doktormutter“ ze wieren a wéi sech hir ofleeenend Haltung op hir universitär Karriär an op d'Bewäertung vun hirer Dokteraarbecht ausgewierkt huet.

Am dësem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung stellen:

- Sinn dem Här Minister Fäll vu Mobbing op der Uni. lu bekannt?
- Wa jo, op wéi e Joer gi se zréck a wéi eng Suite kruten déi respektiv Fäll?
- Wéi ass d'Uni.lu opgestallt, fir op Mobbingvirwërf ze reagéieren?
- Huet d'Uni.lu eng dediéiert Ulafstell fir Leit, déi sech gemobbt fillen?
- Wa jo, wéi ass dës Ulafstell organiséiert?
- Wéi eng Prozedur gëtt declenchéiert, wann e Fall vu Mobbing signaléiert gëtt?
- Wann net, wéi positionéiert sech den Här Minister par rapport zur Fro vun der Noutwendegkeet vun esou enger Ulafstell fir potenziell Mobbingaffer um Campus vun der Uni.lu?

#### Réponse (01/07/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

D'Universitéit Lëtzebuerg, als Employeur an Héichschoulinstitutioun, engagéiert sech fir ee fairen, inklusiven a respektvollen Émgang mat hire Studenten a Mataarbechter. Dat beinhalt Preventioun, eng fair Konfliktléisung an d'Aféierung vun de passende Services.

D'Gesetz vum 27. Juni 2018, dat d'Universitéit Lëtzebuerg organiséiert, gesäit vir, dass eng Disziplinarprozedur ka lancéiert gi bei Fäll vu moralescher oder sexueller Belästegung.

Am Code de conduite vun der Universitéit, deem am Joer 2020 guttgeheescht gouf, ginn d'Prinzippe vun Verhalen definéiert, wéi et sech vun der Universitéitsgemeinschaft erwaart gëtt (nief de gültege gesetzleche Bestëmmungen a besonnesch de gültegen aarbechtsrechtleche Bestëmmungen). Et gëtt och festgehalen, datt d'Mataarbechter Ënnerstëtzung fir Leit mussen ubidden, déi Affer vun Diskriminatioun oder Belästegung sinn. Dës Code detailléiert och, wéi ee Verstéiss signaléiert oder Bedenken erheft.

Zousätzlech enthält den neie Kollektivvertrag vun der Universitéit, deem den 1. Juli 2022 a Kraaft trëtt, en detailléiert Kapitel iwwer d'Preventioun an d'Behandlung vu Situatiounen am Fall vu Belästegung, Gewalt an Diskriminatioun op der Aarbechtsplaz. No de Bestëmmungen vun dësem Ofkommen kënnen, am Fall vun erwisener Belästegung, disziplinaresch Sanktiounen agefouert gi bis hin zur Entloossung. No dem neie Kollektivvertrag gi falsch Beschëllegungen, déi bewosst gemaach ginn, net toleréiert a kënnen och zu Disziplinarktiounen féieren.

D'Behandlung vun eventuelle Reklamatiounen, wéi och all Informatioun iwwer d'Konsequenze vum Tëscheffall, ënnerleien der Vertraulichkeet.

Am Fall vun enger Plainte wéinst moralescher Belästegung huet d'Universitéit entsprecheend Strukturen a Prozeduren. Wéinst der grousser Diversitéit vun hirer Gemeinschaft bitt d'Universitéit eng Panoplie vu Services fir Studenten oder Mataarbechter un, wou se kënnen hiert Uleies äusseren, Hëllef sichen oder Fäll vu Belästegung oder Mobbing mellen. Ofhängeg vun der Situatioun kann déi betreffend Persoun dee Service kontaktéieren, deem hir an der Situatioun am meeschte passend schéngt:

– De Büro vum Ombudsmann: Zënter 2021 huet d'Universitéit en Ombudsmann (conciliateur), deem eng vertraulich, onparteilech an onofhängeg Ënnerstëtzung bitt, déi der ganzer Universitéitsgemeinschaft, y compris den Doktoranden, zougänglech ass. Hie bitt Coaching am Beräich Konfliktléisung un, Mediation a Praktiken, fir Konflikter op der Aarbechtsplaz ze reduzéieren. Den Ombudsmann mécht och Recommendatiounen.

– Den Delegéierten an d'Kommissioun fir Inclusioun bidden Amenagementen fir Studente mat spezielle pädagogesche Besoinen un.

– D'Kommissioun vun der Universitéit fir Konfliktbewältigung (Commission des litiges) ass zoustänneg fir d'Recourse géint Disziplinarstrofen, déi vum Recteur géint ee Student ausgeschwat goufen, an och fir Recourse géint Decisiounen, déi op dem Universitéitsgesetz baséieren.

– De Service RH ass zougänglech fir d'ganzt Personal vun der Universitéit. Dës Service hëlt Reklamatiounen entgéint, bitt Ënnerstëtzung un an traitéiert verschidde Fäll.

– D'Personaldelegatioun, mat hirer Missioun, déi dora besteet, d'Interesse vun Universitéitspersonal ze schützen an ze verdeedegen, kann och e Kontaktpunkt fir Reklamatiounen sinn.

– D'Studentevereenegunge vun der Universitéit bidden eng Ënnerstëtzung un a kënnen de Studenten an Doktoranden, déi mat enger Situatioun vu Mobbing konfrontéiert sinn, hëllef beim Areeche vun enger Plainte.

– U-Matter ass eng Onlineplattform a bitt Informatiounen, Ënnerstëtzung an Orientatioun fir d'Studenten an d'Personal un. Ofhängeg vum Theema recommandéiert U-Matter de Studenten den Inklusiounsbüro, den Ombudsmann oder en anere passende Kontaktpunkt. U-Matter bitt och kuerzfristeg psychologesch Berodung un, fir de Studenten an dem Personal ze hëllefen, eng Rei vu perséinlechen oder emotionale Problemer ze geréieren.

Wat d'Doktoranden ubelaangt, gesäit d'Studiereglement vun der Universitéit Lëtzebuerg d'Opstelle vun enger obligatorescher Konventioun betreffend d'Doktoratsstudien (Doctoral Education Agreement – DEA) tëscht dem Superviseur an dem Doktorand vir. Als Mëttel fir d'Qualitéitskontroll vun der Doktoratsausbildung beschreift den DEA d'Roll an d'Flichte vun



Superviseur an dem Doktorand a stellt Prozeduren a Rotschléi fir d'Léisung vu potentielle Konflikter zur Verfügung. Duerch den DEA ginn den Doktorand a sai Supervisor sech eens iwwert de Plang fir d'Doktoratsausbildung, deen d'Haaptforschungsfrage beschreift an d'Manier, wéi se behandelt ginn.

Den DEA gesäit eng detailléiert Prozedur vir am Fall vu Meenungsverschiedenheeten. Wann d'Situatioun kontrovers bleift, gëtt d'Supervisioun gestoppt oder esouwäit wéi méiglech geännert. Déi grouss Majoritéit vun Doktoranden op der Universitét hunn den duebele Status als Salaré a Student. Ausserdeem ginn et Doktoranden, déi vun den anere Fuerschungsinstituter beschäftegt sinn an als Student op der Uni ageschriwwen sinn, souwéi Doktoranden ouni Aarbechtskontrakt, déi als Student op der Uni ageschriwwen sinn. Jee no Hierkonft an Natur vun der Belästegung, kann e Fall entweder vum Service RH vun der Universitét oder vum Service RH vum anere Fuerschungsinstitut behandelt ginn, oder, wann néideg, vun deenen zwee Services zesummen.

Egal wou e Fall vu Belästegung deklaréiert gëtt, gëtt hien eréischt offiziell behandelt, wann en um Niveau vum Service RH vun der Universitét deklaréiert ass.

#### Digitalisation dans le secteur de la santé | Question 6268 (31/05/2022) de M. Marc Spautz (CSV)

Während der Pandemie konnten eng ganz Rei medezineschen Akten aus der Nout eraus digital ofgewéckelt ginn. An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch an un de Minister vun der Sécurité sociale stellen.

– Kënne Rezept fir Medikamenter an Zukunft an digitaler Form iwwermëttelt ginn?

– Wa jo, kritt een an der Apdikt seng Medikamenter, wann een d'Rezept an digitaler Form presentéiert, oder muss een dat Dokument op Pabeier ausdrécken?

– Wat fir Prozedur bei der Gesondtheitskeess sinn haut schonn digital am Kader vum Projet „CNS goes digital“ méiglech?

– Erfollegen d'Remboursement an digitaler Form méi séier?

– Wéi vill Prozent vun den Assurée, déi bei der CNS assuréiert sinn, notzen déi nei Méiglechkeete schonn?

– Si bei der CNS nach aner Dénegschleeschungen an digitaler Form geplangt?

#### Réponse commune (04/07/2022) de M. Claude Haagen, Ministère de la Sécurité sociale | Mme Paulette Lenert, Ministère de la Santé

– Vum 1. Juli 2022 u kënnen d'Rezept/Ordonnancé fir Medikamenter un all d'Apdikten hei am Land an digitaler Form iwwermëttelt ginn. Ab deem Datum wäert d'Agence eSanté all concernéierte Professionellen aus dem Gesondheitssektor e multimodalen ePrescriptionsservice ubidden, deen an enger éischter Phas de biologeschen an de pharmazeutesche Volet ofdeckt wäert, an duerno an enger zweeter Phas dann och de radiologesche Volet, esou wéi d'Gesondtheitsleeschungen vu Kinéen, Osteopathen, Physiotherapeuten etc. Dese Service deckt déi ganz Dematerialiséierung vum Flux vun Informatiounen, déi un ee Rezept/Ordonnance gebonnen sinn, also iwwert d'Verschëcke vum Rezept bis zur Bestätegung vum Erausgi vun de Medikamenter an aner Leeschtungen, bis hin iwwert déi automatesch Iwwerdrohung vun de Resultater vun de biologeschen Analysen aus engem Laboratoire, an den Dossier de soins partagé (DSP) vum concernéierten Assurée.

Wat d'Medikamenter ugeet, ass d'Zil, datt d'Apdikten kënnen op déi digital Ordonnance/Rezept iwwert de QR-Code, deen den Assurée hinne presentéiert, zougräifen (sief et per QR-Code op der Ordonnance a Pabeierform oder per QR-Code op der digitaler Ordonnance, déi een iwwer eng mobil Applikatioun op sengem Smartphone oder iwwert den DSP dem Apdikter virweise kann).

Dës gesot, wäert d'Benotze vun de Gesondheitsspezialisten (Privatdokteren an Apdikten) vum Service ePrescription an Zukunft dovun ofhänken, wéi d'Softwarefirmen (Informatik-Hersteller) fir de Gesondheitssektor dësen an hir Programmer integréieren wäerten. Sai Succès wäert dovun ofhänken, wéi systematesch Dokteren dese Service an Zukunft an hirem Alldag benotze wäerten, a wéi si vun all de verschiddenen Acteuren, déi drun deelhuefen, a besonnesch de Gesondheitsautoritéiten, och encouragéiert an ënnerstëtzt ginn, dësen ze benotzen. Dobäi muss präziséiert ginn, datt d'Benotze vum Service ePrescription keng legal Verflüchtung ass.

Ausserdeem erméiglecht ePrescription et den Apdikten, d'Ordonnancen oder d'Rezept direkt an hiren Informatiounssystem ze integréieren.

– D'Presentatioun vun der Ordonnance/dem Rezept a Pabeierform bleift fir de Moment nach weiderhi bestoen, well d'Apdikten iwwert der Grenz a soss am Ausland nach keen Zougang zum Service ePrescription vun der Agence eSanté hunn. Allerdéngs gëtt dese Zenario iwwer den europäesche Projet „My-Health@EU“ a „Connecting Europe Facility“ (CEF) an der Zukunft ofgedeckt. D'Agence eSanté hält ënner anerem als „National Contact Point“ (NCP) un deem europäesche Projet mat drun deel.

– De Konzept „CNS goes digital“ ëmfaasst d'Effort vum der CNS, fir sech intern an och extern komplett ze digitaliséieren, ouni awer déi Assurée ze vergiesen, déi net an den digitale Prozesser kënneg sinn. Dofir wäert trotz aller Digitalisatioun de Wee bei de Guichet oder en Envoi ënner Pabeierform och an den nächste Jore méiglech bleiwen, fir datt jidderee kann op d'Leeschtung seier an einfach zeréckgräifen.

D'Digitalisatioun verleeft dobäi an Etappen, schonn eleng wéinst der Envergure a Komplexitéit. Dofir beschränkt sech den Envoi vun digitalen Dokumenter aktuell op de Mémoire d'honoraires vun den Dokteren. Mee et ass virgesinn, progressiv all d'Dokumenter, déi den Assurée vun de verschiddene Gesondheitsberufker kritt (Dokter, Masseur-Kinesitherapeut, Infirmier, Diéticien ...), ze digitaliséieren. De Pabeierwee bleift awer weiderhi méiglech.

Verschidden aner Demarchen iwwert de Portail My-Guichet a senger App sinn am Moment awer digital scho méiglech:

1. d'Huele vun engem Rendez-vous an den Agence vum der CNS;
2. d'Ännerung vun der Bankkontosnummer;
3. d'Ausstellung vun engem „Certificat de coassurance“;
4. d'Ausstellung vun engem „Certificat provisoire de remplacement de la carte européenne d'assurance maladie“;
5. d'Ausstellung vum Formular „pour séjour dans un pays lié par convention bilatérale“.

– Remboursement ënner digitaler Form daueren ongeféier véier Deeg bis eng Woch, dat geet also vill méi séier wéi de klassesche Pabeierwee, dee jee nodeem, wéi vill „demandes de remboursement“ erakommen, bis zu sechs Wochen dauere kann. Wann den Dokter an den Assurée op déi digital Méiglechkeete voll zeréckgräifen, déi aktuell méiglech sinn, da gëtt an der Reegel de Remboursement an der Nuecht vun dem Dag gemaach, wou d'„demande de remboursement“ bei der CNS erakomm ass.

– Tëschen dem 1. Januar 2022 an dem 1. Juni 2022 sinn 1.587 „demandes de remboursement“, déi zu 100 % digital konnte verschafft ginn, erakomm. De Prozentsatz vun Ufroen am Kader vum Remboursement accélére, déi d'CNS digital aktuell iwwert den Dokter an den Assurée verschaffe konnt, läit deemno bei ronn 0,10 %. An den nächste Méint gëtt awer weiderhin dru geschafft, fir déi digital Méiglechkeeten auszubauen, fir datt méi Assurée kënne vun deene Méiglechkeeten profitéieren.

– Et ass geplangt, progressiv all Echange vun Informatiounen ënner digitaler Form ze proposéieren, mee de Pabeierwee soll méiglech bleiwen. Et sinn och zousätzlech Services virgesi wéi zum Beispill d'Agence virtuelle oder Chatbots, fir digital Äntwerten op präzis Froen kënnen ze ginn, fir datt den Assurée seier seng Äntwert kritt an d'Personal vun der CNS sech dee Moment kann op méi komplex Froen an Dossiere konzentrieren.

#### Impact de la guerre en Ukraine sur l'approvisionnement alimentaire | Question 6269 (31/05/2022) de M. Marc Spautz (CSV)

Russland, Belarus an d'Ukrain si wichteg Produzenten vu Kären a vun Agrarprodukter. Wéinst dem Krich an der Ukrain sinn Importer aus dësen dräi Länner am Moment net méiglech.

An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Minister fir Landwirtschaft stellen:

1. Wat fir Konsequenzen huet den Ausfall vun de Liwwerungen op d'Lëtzebuurger Economie am groussen Ganzen an op d'Landwirtschaft am Speziellen?

2. Kënnt et zu Enkpäss bei der Liwwerung vu verschiddene Produkter? Wa jo, wat fir Produkter si besonnesch betroff?

3. Wéi gesäit d'Präsentwécklung beim Dünger zu Lëtzebuerg aus?

4. Wat fir Konsequenzen hunn déi méiglech Enkpäss, respektiv Ausfall op d'Präsentwécklung bei de Lievsmëttel hei zu Lëtzebuerg?

5. Sinn op europäeschem Niveau Mesur virgesinn, fir dëser Entwécklung entgéintzewirken?

#### Réponse commune (05/07/2022) de M. Claude Haagen, Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | M. Franz Fayot, Ministère de l'Économie

ad 1. Zu Lëtzebuerg ass den Impakt vun de Spannungen op d'Liwwerkette fir Agrarprodukter op d'gesamt Wirtschaft begrenzt, well d'Landwirtschaft manner wéi 1 % vum PIB ausmécht.

Direktliwwerungen op Lëtzebuerg vu Produkter fir d'Landwirtschaft aus Russland, Belarus an der Ukrain si ganz, ganz seelen. Importer an d'EU lafen iwwer Firmen an aneren EU-Memberstaaten.

ad 2. No Krichsausbroch a mam Aféiere vun de Sanktiounen géint Russland ass et an der EU zu Liwwerengknapp vum Komponente fir d'Mëschfudderfabrikatioun komm, besonnesch Sonneblummekären, Sonneblummenextraktiounsschrot an och eng Partie vu Komponente mat Zertifikat, dass se net genetesch verännert sinn.

Och de Maart vum Käremais gouf staark an enger Rei Memberstaaten an der EU gestéiert, well den ukrainesche Mais net méi sou zur Verfügung stoung a steet. Och wa sech zum Deel aner Liwwerméiglechkeeten erginn hunn, sou ass de Präis awer daitlech geklommen wéinst der feelender Offer.



Bei verschiddene Spezialdünger wéi Diammonphosphat, deem awer net a grousser Quantitéiten agesat gëtt, awer och bei Kalidünger, deem als Gronddünger agesat gëtt, sinn zäitweises Enkpass do. Hei muss dann op aner Produkter zeréckgegraff ginn oder den Asatzzeitpunkt verluecht ginn.

ad 3. Mam Ausbroch vum Krich sinn Düngerpräisser am Allgemengen an d'Stickstoffdünger am Besonneschen ganz staark geklommen, dat besonnesch weinst de ganz drastesch Präissteigerung bei den Energiepräisser. D'Energie ass bei der Hiertstellung vu mineraleschem Stickstoffdünger den Haaptkäschtefaktor. De Kalkammonsalpeter war sou am Februar kuerz zäit bis zu 250 % méi deier wéi nach am Oktober 2021. Momentan kascht en nach ongeféier duebel sou deier wéi zu deem Zäitpunkt. D'Verfügbarekheet war zäitweises problematesch, momentan ass d'Versuerung awer sécher gestallt.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 4. Enkpass an der Versuerung bréngen och hei zu Lëtzebuerg Präishaussé mat sech. D'Ubidders brauchen ëmmer eng gewëssen Zäit, fir Alternativprodukter ze sichen a geliwwert ze kréien. All Produkter, déi Sonnenblummenueleg enthalten, si schwéier ze kréien an deemno extrem deier. Grondsätzlech gëtt de Verkaufspräis vun de Liewensmëttel momentan awer méi vun den héijen Energiepräisser beaflosst wéi vun de Liwwerenkpass, an et gëtt erwaart, dass d'Präisser weider uesteigen, soulaang d'Energie deier ass a bleift.

D'Erhéijung vun der Inflation verschount d'Liewensmëttelpräisser deemno net, am Fréijoer 2022 ass zu Lëtzebuerg an an der Eurozon eng duerchschnëttlech Erhéijung vu +5 % a méi op ee Joer feststellen. Zu Lëtzebuerg sinn déi gréissten Erhéijungen am Mee 2022 bei Fësch (+14 % iwwer ee Joer), Fleesch (+9,5 %), Fetter an Ueleger (+12,4 %) a Brout a verschiddenen Zorte Kären (+7,3 %). Fleesch a Fësch sinn och déi Liewensmëttel, déi d'Inflation an de leschte Méint am meeschte gedriwwen hunn.

ad 5. Op europäeschem Niveau ass net virgesinn, fir direkt an de Maart anzegräifen. Et gëtt awer lo speziell den „Encadrement temporaire de crise pour les mesures d'aide d'État visant à soutenir l'économie à la suite de l'agression de la Russie contre l'Ukraine“ mat enger Rei Moossnamen, déi der Industrie hëllef sollen, fir ënner anerem déi extreem uestegsten Energiepräisser am Produktiounsprozess zum Deel kompenséiert ze kréien. Momentan gëtt och gepréift, op dësen „encadrement temporaire“ och als konkret Hëllef fir de Bauer als Primärproduzent agesat ka ginn.

### Chiffres pour l'année 2021 présentés récemment par l'Inspection du travail et des mines | Question 6270 (31/05/2022) de M. Marc Spautz (CSV)

En application de l'article L. 613-3 du Code du travail, l'ITM est appelée à présenter annuellement un rapport d'activité. Il ressort notamment des chiffres clés publiés en même temps que l'ITM a prononcé 2.315 amendes pour un montant total de plus de 9 millions d'euros (soit une moyenne de quelque 4.000 euros par amende, i.e. bien en dessous des montants maxima prévus à l'article L. 614-13 du Code du travail), environ deux tiers des amendes concerneraient en effet le domaine du détachement.

C'est la raison pour laquelle j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

1) Monsieur le Ministre peut-il fournir les informations suivantes concernant lesdites amendes ventilées par an pour les 5 dernières années et comme suit :

- nombre d'amendes prononcées
- nombre d'amendes ayant atteint le montant maximum prévu par la loi
- montant total des amendes prononcées
- montant total des amendes effectivement payées ?

2) Monsieur le Ministre peut-il m'expliquer les chiffres présentés en matière d'accidents de travail et notamment la différence notable d'accidents mortels référencés d'une part par l'Association d'assurance accident (AAA) (19 accidents mortels pour 2020) et l'ITM d'autre part (« seulement » 4 accidents mortels pour 2020) ?

– Monsieur le Ministre peut-il nous fournir le détail en la matière pour les 5 dernières années, toujours en relation avec les chiffres présentés par l'AAA ?

3) Monsieur le Ministre peut-il par ailleurs m'informer sur le nombre de contrôles sur place annoncés et ceux non annoncés d'entreprises in situ pour les 5 dernières années ?

4) Monsieur le Ministre peut-il également m'informer sur le nombre faible de « recontrôles » effectués en matière de SST en 2021 par rapport aux années 2019 et 2020 ?

5) Monsieur le Ministre peut-il me fournir des informations actualisées relatives aux contrôles effectués par l'ITM en matière des conditions d'hébergement de salariés éloignés de leur lieu de travail habituel (nombre de contrôles sur place, constats, rédaction de procès-verbaux, sanctions prononcées, etc.) ?

Alors que la traite des êtres humains est et reste un sujet préoccupant dans le monde du travail, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire et à Madame le Ministre de la Justice :

6) Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils me fournir des informations sur le nombre d'affaires de traite présumée des êtres humains communiquées par l'ITM aux autorités judiciaires et sur la suite y réservée par ces dernières sur les 5 dernières années ?

– Combien de ces affaires ont été portées devant le juge pénal ?

– Combien d'affaires ont effectivement abouti à des condamnations ?

7) Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils m'informer sur l'évolution de la coopération entre l'ITM et les autorités judiciaires en la matière ?

– L'ITM a-t-elle déjà procédé à une analyse des risques en la matière et à des contrôles plus systématiques des secteurs/entreprises exposées à un risque accru de commission de traite des êtres humains afin de permettre aux autorités judiciaires d'agir en conséquence ?

– À défaut, pourquoi une telle analyse des risques n'a-t-elle pas été effectuée ?

8) Le Gouvernement est-il enclin à prendre une initiative législative afin de sanctionner pénalement l'employeur qui omet de déclarer ses salariés à la sécurité sociale ?

**Réponse commune (04/07/2022) de M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice**

ad 1) En ce qui concerne les amendes administratives qui peuvent être infligées par l'ITM en matière de détachement de salariés, l'article L. 143-2, paragraphe 1<sup>er</sup>, du Code du travail dispose que : « Les infractions aux dispositions des articles L. 142-2, L. 142-3 et L. 281-1 sont passibles d'une amende administrative

entre 1.000 et 5.000 euros par salarié détaché et entre 2.000 et 10.000 euros en cas de récidive dans le délai de deux ans à compter du jour de la notification de la première amende. Le montant total de l'amende ne peut être supérieur à 50.000 euros. [...] »

Pour les 5 dernières années, les amendes administratives suivantes ont été prononcées en matière de détachement de salariés :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

En ce qui concerne les amendes administratives qui peuvent être infligées en cas de non-respect des injonctions de l'ITM en matière de conditions de travail et de sécurité et santé au travail, l'article L. 614-13, paragraphe 5, du Code du travail dispose que :

« Le montant de l'amende administrative est fixé selon le degré de gravité de l'infraction par le directeur de l'Inspection du travail et des mines à :

a) entre 25 euros et 25.000 euros pour les injonctions qui ont été notifiées en application de l'article L. 614-4 ;

b) entre 1.000 euros et 25.000 euros pour les infractions qui ont été notifiées en application de l'article L. 614-5 ;

c) entre 25 euros et 25.000 euros pour les injonctions qui ont été notifiées en application des articles L. 614-6 et L. 614-8 à L. 614-11. [...] »

Pour les 5 dernières années, les amendes administratives suivantes ont été prononcées en cas de non-respect des injonctions de l'ITM en matière de conditions de travail et de sécurité et santé au travail :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

L'ensemble des amendes administratives suivantes (total des amendes administratives des deux tableaux précédents) ont été infligées par l'ITM au cours des 5 dernières années :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

À noter également que le recouvrement des amendes administratives est effectué par l'Administration de l'enregistrement, de la TVA et des domaines.

ad 2) Les accidents mortels suivants ont été référencés par l'Association d'assurance accident (AAA) et par l'ITM au cours des 5 dernières années :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

En ce qui concerne la déclaration des accidents du travail et des maladies professionnelles qui est à effectuer auprès de l'AAA, les articles 1<sup>er</sup> à 3 du règlement grand-ducal du 17 décembre 2010 déterminant la procédure de déclaration des accidents et des maladies professionnelles et précisant la prise en charge de certaines prestations par l'assurance accident disposent que :

« Art. 1<sup>er</sup>. Sauf en cas de circonstances exceptionnelles dûment motivées, tout assuré, victime d'un accident du travail ou de trajet, doit en aviser immédiatement son employeur ou le représentant de celui-ci.

Art. 2. L'employeur ou son représentant déclare tout accident du travail à l'Association d'assurance accident en fournissant toutes les indications demandées sur le formulaire de déclaration d'un accident du travail disponible auprès de l'Association d'assurance accident et fait parvenir une copie de la déclaration à l'assuré.

Art. 3. Pour les maladies professionnelles, il incombe au médecin de faire la déclaration à l'Association d'assurance accident dès qu'il a des suspicions fondées qu'une maladie a sa cause déterminante dans une activité professionnelle assurée. En cas de déclaration, il



remet une copie de la déclaration à son patient. La déclaration est effectuée au moyen du formulaire de déclaration médicale d'une maladie professionnelle disponible auprès de l'Association d'assurance accident et contient un diagnostic médical précis de la maladie dont l'origine professionnelle est soupçonnée ainsi qu'une indication des risques professionnels susceptibles d'être à l'origine de celle-ci. Les pièces médicales établissant la maladie déclarée sont annexées à la déclaration.

L'instruction du dossier est limitée à la maladie pour laquelle la déclaration médicale est introduite. »

En ce qui concerne la déclaration des accidents du travail et des maladies professionnelles qui est à effectuer auprès de l'ITM, l'article L. 614-11 du Code du travail dispose que :

« (1) La déclaration des accidents graves ayant occasionnés, soit la mort, soit une lésion permanente, soit au moins une des lésions temporaires suivantes :

- des fractures ;
- des brûlures externes au troisième degré et sur plus de 9% de la superficie du corps ou internes ;
- des plaies avec perte de substance ;
- des traumatismes qui, en l'absence de traitement, peuvent mettre la survie en péril,

doit s'effectuer sans délai par l'employeur ou son délégué auprès de l'Inspection du travail et des mines, par voie écrite ou par tout moyen de télécommunication approprié.

La Police grand-ducale informe immédiatement l'Inspection du travail et des mines des accidents de travail graves repris à l'alinéa précédent.

(2) Les autres accidents de travail et les cas de maladie professionnelle doivent obligatoirement être déclarés par l'employeur ou son délégué à l'Inspection du travail et des mines.

Dans le cas de salariés intérimaires accidentés, la déclaration d'accident est à remplir par la société utilisatrice et à contresigner par l'entrepreneur de travail intérimaire. »

La différence entre les accidents du travail mortels référencés d'une part par l'AAA et l'ITM d'autre part résulte des déclarations des accidents du travail qui ont été effectuées par les employeurs auprès de chacune des deux administrations.

Il s'avère que certains accidents du travail mortels qui ont été déclarés auprès de l'AAA résultaient de malaises durant le travail ou bien concernaient des personnes dont les relations de travail sont régies par un statut de droit public ou assimilé et qui n'ont pas été déclarées à l'ITM.

Aussi, l'AAA ayant pour mission notamment de prendre en charge certaines prestations en cas d'accident du travail, l'employeur effectue toujours sa déclaration auprès de cette institution, mais omet dans certains cas d'en informer l'ITM alors qu'il s'agit d'une obligation légale pour celui-ci conformément à l'article L. 614-11 du Code du travail précité.

Il est prévu d'y remédier par la mise en place d'une déclaration unique à effectuer par l'employeur sur une plateforme interactive sécurisée de l'État pour compte des deux administrations.

ad 3) Les contrôles de l'ITM peuvent soit être annoncés ou bien non annoncés. L'ITM ne dispose pas des données permettant de chiffrer le nombre des contrôles annoncés ou non annoncés.

ad 4) Selon le rapport annuel de l'ITM de l'année 2021, le nombre de contrôles suivants ont été effectués par les inspecteurs du travail du service « Contrôles, chantiers et accidents (CCA) » depuis sa création en 2018 :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Il s'avère que lors de la clôture concernant la collecte des données pour le rapport annuel de l'année 2021, les données relatives aux recontrôles n'avaient pas encore toutes été enregistrées et qu'après vérification, il a été constaté que le nombre de recontrôles qui ont été effectués pour l'année 2021 s'élève à 185 et non à 20 recontrôles uniquement.

ad 5) Les dispositions en matière de conditions d'hébergement de salariés éloignés de leur lieu de travail habituel ont été introduites par la loi du 15 décembre 2020 portant modification du Code du travail en vue de transposer la directive (UE) 2018/957 du Parlement européen et du Conseil du 28 juin 2018 modifiant la directive 96/71/CE concernant le détachement de travailleurs effectué dans le cadre d'une prestation de services et sont reprises aux articles L. 291-1 et suivants du Code du travail.

Jusqu'à présent, l'ITM a effectué un contrôle en matière de conditions d'hébergement de salariés éloignés de leur lieu de travail habituel sur le territoire luxembourgeois.

Lors de ce contrôle, il a été constaté que le logement qui a été mis à disposition par l'employeur à ses salariés éloignés de leur lieu de travail habituel ne répondait pas aux critères de salubrité, d'hygiène, de sécurité et d'habitabilité visés à l'article 2 de la loi du 20 décembre 2019 relative à ces mêmes critères et l'employeur concerné a régularisé sa situation après y avoir été contraint par l'ITM.

ad 6) Il y a lieu de noter que l'ITM est de par sa loi-cadre compétente en matière de conditions de travail, de sécurité et santé au travail et en matière d'emploi de ressortissants de pays tiers en séjour irrégulier. Par ailleurs, des lois spéciales confèrent des compétences de contrôle à l'ITM en matière d'établissements classés, de maîtrise des dangers liés aux accidents majeurs impliquant des substances dangereuses (établissements Seveso), de sécurité des tunnels et des mines.

En matière d'emploi de ressortissants de pays tiers en séjour irrégulier et pour le cas où l'infraction est commise par un employeur qui utilise le travail ou les services de ce ressortissant de pays tiers en séjour irrégulier en sachant que cette personne est victime de la traite des êtres humains, l'article L. 572-5 du Code du travail confère expressément le pouvoir à l'ITM de pouvoir déposer un procès-verbal reprenant cette circonstance aggravante en matière de travail illégal entre les mains du procureur d'État.

Malgré le fait qu'aucune autre loi ne prévoit que l'ITM puisse agir en matière de traite des êtres humains, l'ITM fait participer l'ensemble de ses inspecteurs du travail à des formations en matière de traite des êtres humains et pour le cas où l'ITM constate lors de ses contrôles en matière de conditions de travail et de sécurité et santé au travail des indices relatifs à la traite des êtres humains, cette dernière continue à chaque fois toutes les informations y relatives à la Police grand-ducale pour compétence.

Finalement, il n'est pas toujours aisé de libeller, voire retenir la qualification de la traite des êtres humains de sorte qu'il y a lieu de reprendre également dans les chiffres d'autres formes graves d'abus en matière de droit du travail.

Depuis novembre 2019, l'ITM enregistre des situations qui peuvent être considérées comme constituant de la traite d'êtres humains.

In concreto, depuis novembre 2019, l'ITM a signalé 15 sociétés ou employeurs où outre des infractions au Code du travail, notamment en matière de travail

illégal de salariés de pays tiers, il existait des indices de traite d'êtres humains.

Sur ces 15 dossiers, 3 ont fait l'objet d'un classement sans suites, 2 instructions et 6 enquêtes de police sont en cours, 2 dossiers sont actuellement fixés à une audience et 2 dossiers ont fait l'objet d'un jugement – à chaque fois pour des infractions aux articles L. 572-5 et L. 222-2 du Code du travail, à savoir l'emploi de ressortissants de pays tiers en séjour irrégulier et le défaut de paiement du salaire social minimum. Il s'agissait de dossiers où le parquet, pour des raisons de preuve, a décidé de ne pas poursuivre la traite des êtres humains.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 7) Tout d'abord il y a lieu d'invoquer que l'ITM et les autorités judiciaires, dont notamment des représentants des parquets de l'arrondissement de Luxembourg et de Diekirch, sont représentés au sein du comité de suivi de la lutte contre la traite des êtres humains qui se réunit au moins trois fois par an. Le comité précité a en outre pour mission l'élaboration d'une feuille de route contenant les procédures en matière de coopération multidisciplinaire.

Le comité peut également constituer des groupes de travail afin de traiter des sujets ponctuels. À ce titre, des réunions de concertation et de coordination sont organisées régulièrement entre les acteurs clefs, dont notamment la police, les autorités judiciaires, les services d'assistance, la Direction de l'immigration, le Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes et le Ministère de la Justice présidant le comité de suivi.

Cette coopération renforcée se traduit également à travers les travaux menés au niveau du Benelux. Dans le cadre de sa présidence en 2022, le Luxembourg se penchera notamment sur les développements récents en matière d'exploitation par le travail et souhaite aborder les difficultés liées à l'établissement de la preuve de l'exploitation économique et les conséquences qui en découlent. Une journée d'études sera organisée à cet effet au mois d'octobre 2022.

L'ITM ne dispose pas des données qui lui permettraient d'effectuer une analyse des risques en matière de traite des êtres humains en vue de pouvoir effectuer des contrôles plus ciblés auprès d'entreprises ou dans des secteurs économiques qui seraient les plus exposés aux risques d'une exploitation par le travail.

Il résulte néanmoins des plaintes et des contrôles qui ont été effectués jusqu'à présent que les secteurs économiques les plus exposés aux risques relatifs à la traite des êtres humains sont ceux de la construction et de l'Horeca.

ad 8) La question relative à la nécessité d'une introduction de sanctions pénales pour les employeurs qui omettent de déclarer leurs salariés à la sécurité sociale sera analysée par le Gouvernement.

#### Suivi du renard | Question 6272 (31/05/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Les deux articles « Was wir nach sieben Jahren Fuchschonung wissen » et « Eine Fuchsstudie und ihre Folgen – Wie Luxemburg versucht, Kritiker mundtot zu machen », de l'édition du « Wort » du 26 mai, pointent sur certains dysfonctionnements graves au sein de l'Administration de la nature et des forêts (ANF).

L'échinococcose alvéolaire est une maladie rare, mais grave, faisant partie de la liste des zoonoses à surveiller obligatoirement en Europe dans le cadre de la directive 2003/99/CE, transposée par un règlement grand-ducal du 27 septembre 2004.



Or il s'avère que les analyses qui sont effectuées sur les renards trouvés ne correspondent ni aux standards internationaux ni à ceux recommandés par l'OMS (Organisation mondiale de la santé). Ces standards exigent entre autres que la fraîcheur des cadavres soit garantie mais aussi que les analyses soient réalisées pendant l'hiver étant donné que la prévalence est significativement plus élevée en hiver que pendant les mois d'été.

Dans ce contexte j'aimerais poser les quatre questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

1) Comment est-ce possible que dans le « Groupe renard » qui est censé suivre scientifiquement le renard, personne ne s'est rendu compte que la méthode actuelle ne correspond pas aux standards scientifiques ?

2) Est-ce que Madame la Ministre envisage de reconsidérer les méthodes actuellement appliquées au Luxembourg ?

3) Est-ce que Madame la Ministre n'est pas d'avis qu'il faudrait faire des analyses ADN avec des tests PCR significativement plus fiables que la méthode actuelle du grattage intestinal ?

4) Ne pensez-vous pas que les questions qui concernent la santé publique devraient se faire accompagner par des organismes plus expérimentés ?

Lors de la réponse à la question parlementaire n° 2313 Madame la Ministre a affirmé : « Die verfügbaren Daten, vor allem die systematischen Aufnahmen mit Wildkameras, deuten auf einen gleichbleibenden, stabilen Bestand hin. » Or il s'avère que le « Institute of Science and Technology » (LIST) ne suit nullement le renard et ne peut donc pas ni le quantifier ni affirmer que la population est stable.

Dans ce contexte j'aimerais poser les deux questions suivantes :

1) Comment une telle fausse information a-t-elle pu être donnée ?

2) Madame la Ministre n'est-elle pas d'avis qu'il faudrait scientifiquement mieux suivre la population de renards et aussi effectuer un comptage comme le font nos voisins depuis des années ?

Finalement l'article en question révèle aussi que l'Administration de la nature et des forêts a envoyé deux lettres pour museler un expert qui contestait les interprétations données sur sa propre étude.

Dans ce contexte j'aimerais poser les quatre questions suivantes :

1) Partagez-vous cette façon de faire et approuvez-vous cette approche ?

2) Dans la négative ne conviendrait-il pas de présenter des excuses à l'expert en question ?

3) Pourquoi avant l'envoi de la première lettre l'ANF n'a-t-elle pas tenté de contacter l'expert en question ?

4) Que comptez-vous entreprendre pour empêcher qu'une telle atteinte à la liberté de la science et au concept de la science elle-même ne se reproduise plus à l'avenir ?

**Réponse commune** (05/07/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1) La technique de grattage intestinal (Intestinal Scraping Technique, IST) a été établie comme la technique standard pour la détection d'E. multilocularis par un groupe d'experts de l'OMS en 1984 (Eckert et al., 1984). D'ailleurs, le Laboratoire de référence (LNR) allemand préconise l'utilisation de l'IST

(Friedrich-Löffler-Institut, <https://www.fli.de/de/publikationen/amtlliche-methodensammlung/>, document du 01/10/2021).

Cette technique a été utilisée depuis 2001 lors de la surveillance des renards au Luxembourg. Dans une première phase (2001-2014) le Laboratoire « Untersuchungsinstitut für Veterinärmedizin, Lebensmittelhygiene und Molekularbiologie, Saarbrücken » était chargé de ces analyses avant que le Laboratoire de médecine vétérinaire de l'État (LMVE) n'a repris les analyses à partir de 2015.

Afin de garantir la comparabilité des résultats de 2001-2014 (Saarbrücken) et ceux obtenus à compter de 2015 (LNVE), la méthode n'a pas été changée ces dernières années au LMVE.

Bien que la méthode PCR ait une sensibilité élevée, la technique IST confère des résultats satisfaisants pour la surveillance épidémiologique. Le risque lié au fait de trouver des faux négatifs est plus grand pour les régions à faible prévalence (<10 %) ou pour les régions disposées à révéler qu'elles sont libres du parasite. Ce risque n'est pas donné au Luxembourg car la prévalence y est supérieure à 10 %. (EFSA and Zancanaro G, 2021).

ad 2) Les raisons pour le choix de la technique sont expliquées ci-dessous (question 3). La technique ayant fait ses preuves, il n'est pas envisagé de changer la méthode actuellement appliquée. Il est à noter aussi que les analyses IST sont réalisées par un personnel de laboratoire expérimenté et habitué à identifier les vers qui ont été affectés par l'autolyse ainsi que par la décongélation et la congélation.

La méthode d'échantillonnage des renards au Luxembourg est cohérente. L'échantillonnage couvre toutes les saisons de l'année et tout le territoire. Les renards sont acheminés au LMVE, où un vétérinaire vérifie l'état du cadavre avant l'autopsie et élimine les cadavres ne se prêtant pas à analyse. Ainsi en 2019, 9 des 112 cadavres de renards ont été éliminés sans analyse préalable, en 2020, tel était le cas pour 5 de 79 cadavres, en 2021 pour 14 de 129 cadavres, afin de respecter une rigueur scientifique.

ad 3) Le protocole IST est une bonne combinaison de sensibilité satisfaisante et d'effort réduit (main-d'œuvre et matériel) pour le suivi épidémiologique. Actuellement, rien ne laisse présager qu'un changement serait nécessaire pour assurer un suivi épidémiologique correct : un changement de méthode n'est ainsi actuellement pas prévu.

ad 4) Le groupe de suivi « renard » n'a pas de mandat de recherche, mais un mandat de suivi. Il est rappelé que les analyses relatives à E. multilocularis sont assurées par le personnel expérimenté du Laboratoire de médecine vétérinaire de l'État (LMVE).

ad 1) Il ne s'agit pas d'une fausse information ; il y a lieu de compléter la conclusion de la journaliste en question, émise dans ses articles susmentionnés, et reprise, en tant que telle, par l'honorable Députée :

Le réseau systématique de pièges photographiques couvrant une partie représentative du territoire national par échantillonnage, et mis en place par le LIST depuis 2011 a été établi dans le cadre du monitoring obligatoire par rapport aux espèces d'intérêt communautaire (dont le renard ne fait effectivement pas partie). Ainsi la méthodologie appliquée dans le cadre du réseau systématique de pièges photographiques cible en premier lieu les espèces d'intérêt communautaire visées : le chat sauvage, la martre des pins et le putois. Les pièges photographiques étant équipés d'un système de déclenchement à détecteur de mouvements ont évidemment également généré des

photos de renard, ce dernier étant réparti dans tout le pays. En fait, le renard est une des espèces les plus couramment photographiées depuis la mise en place dudit monitoring.

ad 2) Les ressources financières limitées ont pour l'instant été concentrées sur le monitoring des espèces protégées rares et/ou menacées, respectivement des espèces couvertes par la directive « habitats » et « oiseaux », pour lesquelles le Luxembourg est dans l'obligation légale de suivre leurs effectifs respectifs.

Cependant, des réflexions sont réalisées actuellement quant à la possibilité et l'utilité d'instaurer un suivi standardisé ciblant le renard, tout en rappelant que les pièges photographiques ciblant les espèces d'intérêt communautaire mentionnées ci-dessus enregistrent également le renard.

ad 1) Le résumé de l'étude mentionnée par l'honorable Députée Hansen, faisant objet de l'article scientifique Comte et al. (2017), est le suivant : « 1) Le tir intensif de renards sur trois ans n'a pas eu d'impact mesurable sur la densité de l'espèce, ce qui s'explique en partie par la déstructuration de la population et une meilleure survie des jeunes au vu des territoires libérés par le tir, et 2) avec une augmentation du tir de renards, on observe également une augmentation de la prévalence du parasite [le ténia du renard], qui peut s'expliquer par un pourcentage plus élevé de jeunes renards dans la population, qui eux sont plus susceptibles d'être contaminés le parasite. » Cette interprétation a été publiée dans le bulletin technique de l'ANF en matière de gestion de la faune sauvage et de chasse, numéro 7. En amont de cette publication, l'auteur principal de l'article Comte et al. (2017), à savoir le Dr Franck Boué, a validé par écrit cette interprétation.

Monsieur Combes, coauteur de l'article scientifique Comte et al. (2017), a publiquement contesté les résultats de ce même article, dont il avait néanmoins validé le contenu en acceptant d'en devenir coauteur.

L'ANF, l'Administration des services vétérinaires, la Direction de la santé et le Musée national d'histoire naturelle (MNHN) avaient, sur recommandation de Monsieur Sébastien Comte, premier auteur de l'étude, invité le Dr Franck Boué pour présenter l'étude qui faisait l'objet de l'article lors d'une séance publique en date du 29 janvier 2018 au MNHN.

Dans ses lettres au Ministère de l'Agriculture à Paris, évoquées par la journaliste en question dans un de ses articles susmentionnés, l'ANF a surtout remis en question le fait que Monsieur Combes contestait publiquement les résultats de l'article scientifique Comte et al. (2017), dont il avait néanmoins validé le contenu en acceptant d'en devenir coauteur. L'ANF ne dispose pas d'informations relatives à une éventuelle sanction de Monsieur Combes par ledit ministère et ne peut ainsi pas se prononcer quant aux allégations y relatives formulées dans un des articles de ladite journaliste. Ceci dit, il semble peu probable qu'un ministère retire son soutien financier à un institut sur base de simples lettres d'une administration étrangère.

ad 2) n. a.

ad 3) L'ANF était bel et bien en contact avec Monsieur Combes. En effet, Monsieur Combes, coauteur de l'article scientifique Comte et al. (2017), était présent le 29 janvier 2018 au MNHN lors de la présentation du Dr Franck Boué, auteur principal dudit article. Après la présentation et la séance de questions/réponses, un agent de l'ANF y a demandé à plusieurs reprises à Monsieur Combes, pourquoi il défendait tellement la chasse au renard alors que l'article – dont il était lui-même coauteur et qu'il avait donc validé – mettait en question l'utilité de cette dernière dans le contexte de la régulation du renard et de la prévalence du ténia du



renard. La réponse de Monsieur Combes pour justifier la chasse au renard était la suivante : « Parce que c'est un beau gibier. » Alors que je ne doute pas que cette affirmation constitue une vérité pour Monsieur Combes, elle ne représente guère d'argument scientifique dans le contexte de la thématique faisant l'objet de l'article Comte et al. (2017).

ad 4) Il n'y a pas eu atteinte à la liberté de la science ou au concept de la science elle-même.

**Commission consultative de l'intérêt supérieur de l'enfant** | Question 6273 (31/05/2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk)

L'article 103 de la loi modifiée du 29 août 2008 dispose entre autres que « (l')intérêt supérieur de l'enfant est évalué individuellement par une commission consultative dont la composition et les modalités de fonctionnement sont fixées par règlement grand-ducal ». La composition de la commission consultative de l'intérêt supérieur de l'enfant précitée est fixée à l'article 1(1) du règlement d'exécution du 4 novembre 2020.

Selon un projet de règlement grand-ducal datant de janvier 2022<sup>6</sup>, il est prévu de modifier cette composition en y intégrant un acteur issu de la société civile afin de diversifier davantage l'équipe pluridisciplinaire. Si ce projet de règlement grand-ducal mentionne, entre autres, les conditions que doit remplir l'acteur issu de la société civile, il ne semble pas définir précisément la manière dont la sélection est effectuée lorsque plusieurs acteurs répondent aux critères fixés.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Immigration et de l'Asile :

1) Est-ce que le projet de règlement grand-ducal mentionné plus haut est toujours d'actualité ? Pour quand la mise en vigueur est-elle prévue ?

2) Est-il prévu d'intégrer dans ce règlement grand-ducal une procédure de sélection ou des critères précis sur la façon dont l'acteur de la société civile est choisi lorsque plusieurs acteurs répondent aux critères fixés ?

3) Dans la négative de la question 2, quels critères Monsieur le Ministre entend-il employer pour nommer l'acteur de la société civile lorsque plusieurs acteurs répondent aux critères fixés ?

**Réponse** (30/06/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre de l'Immigration et de l'Asile

Un projet de règlement grand-ducal portant modification du règlement grand-ducal du 4 novembre 2020 relatif à la composition et au fonctionnement de la commission consultative d'évaluation de l'intérêt supérieur des mineurs non accompagnés prévue à l'article 103 de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration, ayant comme objet d'intégrer un nouveau membre issu de la société civile dans la commission en question, est actuellement pour avis devant le Conseil d'État.

L'acteur de la société civile doit être une personne morale de droit luxembourgeois, établie ou ayant son siège social au Luxembourg et œuvrant depuis au moins dix ans dans le domaine de l'enfance. Il siège au sein de la commission, représenté par une personne physique étant titulaire d'un diplôme sanctionnant l'accomplissement d'un cursus universitaire en

sciences éducatives et sociales, en pédagogie ou en psychologie, ou disposant d'une expérience professionnelle d'au moins dix ans dans le domaine de la protection de l'enfance ou de l'encadrement socio-éducatif d'enfants. Les membres de la commission sont nommés par le Ministre ayant l'Immigration et l'Asile dans ses attributions, y inclus l'acteur de la société civile. Un appel à candidature sera lancé le moment venu.

**Impact du « Tankrabatt » sur la vente de produits pétroliers au Luxembourg** | Question 6274 (31/05/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Den Här Minister François Bausch huet haut de Mue- ren an der RTL-Emissioun „Dir hutt d'Wuert“ op e puer Sujete geäntwert. Ech wëll mech hei konzentréieren op seng Remarken, wat déi däitsch Subventiounen vum Bensinn- (-35 %) an Dieselpräis (-16 %) ugeet. Hie sot sënngemeiss, datt d'Lëtzebuurger Subventiounen duerginn an och den 31. Juli auslafen.

Dozou hätt ech dës Froen:

1. Wat sinn d'Previsiounen vum der Lëtzebuurger Regierung iwwert d'Auswirkungen, vum deem, wat an Däitschland „Tankrabatt“ genannt gëtt. Fält domat den däitsche Bensinnpräis ënner de Lëtzebuurger Präis un der Pompel?

2. Wat sinn an deem Fall d'Konsequenzen fir Lëtzebuerg? Wéi vill Mannereinnahmen u Steieren aus dem Verkauf vum Bensinn an Diesel muss Lëtzebuerg arechnen, wann déi däitsch an eventuell och Lëtzebuurger, franséisch a belsch Clienten un däitsche Pompelen tanken?

3. Tanktourismus schéngt nëmmen zu Lëtzebuerg negativ gekuckt ze ginn. Ass Tanktourismus e Problem oder ass et eng wëllkomm Steiereinnam an Zäiten, wou d'Sue knapp sinn? Wat mécht Lëtzebuerg, fir säi Steiervirdeel bäizebehalen an déi Einnahmen ze sécheren?

4. Wat ka Lëtzebuerg fir d'Kompetitivitéit vum sengem Logistik-Sektor maachen, deen net nëmme géint déi steierlech Subventiounen um Diesel (fir professionell Transporteuren) an der Belsch ze kämpfen huet, mee elo och mat méi engem niddrege Präis an Däitschland?

**Prix du carburant** | Question 6294 (02/06/2022) de **Mme Martine Hansen** | **M. Gilles Roth** (CSV)

« Mieux vaut faire son plein d'essence en Allemagne, voire à Thionville ! » – Sou ass haut e Presseartikel iwwer den Ënnerschied vun de Sprittpreisser iwwerschriwwen. Den Diesel an och de Bensinn sinn – jee no Zort – elo zu Lëtzebuerg méi deier wéi an Däitschland oder Frankräich. Dëst trotz der Applikatioun vu 7,5 Cent „Tankrabatt“ pro Liter Sprit hei am Land. Dorausser riskéiert elo, en Tanktourismus an ëmgedréinter Richtung ze entstoen.

An deem Kontext wëllt mir folgend Froen un d'Madamm Finanzministesch an un den Här Energieminister stellen:

– Wéi positionéiere sech d'Madamm an den Här Minister par rapport zum aktuelle Präisënnerschied op Bensinn an Diesel, deen elo zum Nodeel vun de Clienten hei am Land ass?

– Wéi eng Moossnamen si geplangt, fir d'Präisser fir Bensinn an Diesel erofzedrécken a fir sou ze verhënnern, dass sech en Tanktourismus vu Lëtzebuerg a Richtung Däitschland a Frankräich entwéckelt?

– Wéi schätzen d'Madamm an den Här Minister den Impakt vum „Tankrabatt“ vun aktuell 7,5 Cent

pro Liter an? Si si der Meinung, dass dee muss an d'Luucht gesat ginn?

• Wa jo, op wéi e Betrag a vu wéini un?

• Wann net, wéi gedenken d'Madamm an den Här Minister, der Präisspiral vun de Sprittpreisser am Interessi vum Portmonni vun de Leit entgéintzewierken?

**Réponse commune** (05/07/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

Duerch de Krich an der Ukrain sinn iwwerall op der Welt d'Bensinn- an Dieselpräisser iwwer déi leschte Méint an d'Luucht gaangen. Fir de Leit an dese schwéieren Zäiten ënner d'Ärem ze gräifen an d'Präisdeierecht ze bekämpfen, hunn déi meeschte Länner an Europa, an esou och ons Nopeschlänner, gezielt an temporär Mesurë geholl. Dës Mesurë gläiche sech iwwerall an notament goufe Subventiounen vum Präis op der Pompel, dacks duerch een Erofsetze vu Steieren oder Accisen, decidéiert. Zu Lëtzebuerg ass esou eng Subventioun am Kader vum Solidaritéitspak schonn am Abrëll a Kraaft getrueden. Esou kritt jidderen eng direkt Reduktioun vu 7,5 Cent um Liter op der Pompel accordéiert.

Duerch d'Mesuren, déi eis Nopeschlänner geholl hunn, hu sech hir Präisser un der Pompel no ënnen ugepasst. Grad an Däitschland, wou Ufank vum Juni en Tankrabatt agefouert gouf, huet ee Präisser gesinn, déi un déi erukommen, déi een och zu Lëtzebuerg bezilt. Zanter dem 1. Juni huet Däitschland d'Besteuerung (Accisen an TVA) um Bensinn ëm 35 Cent pro Liter a beim Diesel ëm 17 Cent pro Liter erofgesat. Et ass dozou ze bemerken, datt, anescht wéi zu Lëtzebuerg, wou den Tankrabatt direkt an automatesch gräift, an Däitschland net gewosst ass, wat vun dëser Baisse schlussendlech beim Endkonsument ukënnt. D'Präisser un der Pompel an Däitschland fluktuéieren en fonction vun der Plaz an dem Dag, wou getankt gëtt. Dofir kann een net generell soen, datt et an der däitscher Grenzregioun, iwwerall an ëmmer, méi bëlleg wär ze tanke wéi zu Lëtzebuerg. Des Weideren ass et och onkloer, ob den Tankrabatt an Däitschland iwwerhaupt nach wäert weidergefouert ginn.

Wéi d'Finanzministesch den 28. Juni 2022 während der „heure d'actualité“ an der Plénière vun der Chamber ënnerstrach huet, sinn d'Recetten op de Pétrolsproduiten haut effektiv eng wichteg Source fir de Financement vum eisem Staat, an domadder vum Sozialsystem. Et muss een an deem Kontext verstoen, datt d'Accisen op de Liter gerechent ginn, datt heescht, datt, wann d'Präisser um Marché eropginn, bleiwen dem Staat seng Recettë pro Liter d'selwecht. Fir 2022 si ronn 930 Milliounen Euro budgetéiert vu Recetten op den Accisen um Bensinn an Diesel.

Anescht wéi d'Accisë gëtt d'TVA op dem Präis gerechent. Wann deen eropgeet, ginn d'TVA-Recetten och erop. Bei de Recettë bei der TVA louchen d'Zuelen, op dem 31. Mee dëst Joer, op engem Niveau vun 43 % vun deem Montant, dee fir d'ganz Joer budgetéiert ginn ass. 2021 louch een ëm dës Zäit bei 46,6 %.

Wat d'Evolutioun vun de Ventë vum Bensinn op der Pompel ugeet, sou gesäit een, dass déi, op d'mannst bis de Mount Mee nach mat, nach iwwert dem Niveau vun 2021 louchen. Am Juni dogéint konnt ee gewësse Réckgang festgestallt ginn, wat wuel och op den Tankrabatt an Däitschland zrëckzeféieren ass. Et ass awer ze fréi, fir heirauser scho Schlussfolgerunge fir d'ganz Joer ze zéien.

<sup>6</sup> Projet de règlement grand-ducal portant modification du règlement grand-ducal du 4 novembre 2020 relatif à la composition et au fonctionnement de la commission consultative d'évaluation de l'intérêt supérieur des mineurs non accompagnés prévue à l'article 103 de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration.



Nieft dem Krich an der Ukrain, deen an der Aktualitéit elo am Vierdergrond steet, gëtt et awer ëmmer nach eng Klimakris. Fir säin Deel am Kampf géint de Klimawandel bäizedroen, huet Lëtzebuerg decidéiert, den CO<sub>2</sub>-Ausstouss bis 2030 ëm 55 % ze reduzéieren. Dozou gehéiert och, de Verkaf vu Bensinn an Diesel progressiv erofzefueren.

D'Zil ass also, dass mëttelfristeg manner Leit aus dem Ausland op Lëtzebuerg tanke kommen, wéi dat haut de Fall ass. D'Ventë si par rapport zu 2021 tendenziell eropgaangen. Et muss een also hei oppasse mat eventuelle Mesuren, déi risquéiere géifen, Lëtzebuerg par rapport zum Ausland ze vill attraktiv ze maachen.

Wéi och an der Chamber während der „heure d'actualité“ vum 28. Juni erkläert gouf, hält d'Regierung d'Situation awer weider genau am A, an dat am aktuelle Kontext, deen duerch vill Onsécherheete marquiert ass.

Mam Logistik-Secteur mengt den honorablen Deputéierten Här Kartheiser de Wueren- a Giddertransport iwwer d'Strooss. Do huet d'Regierung am Kader vum Tripartite-Accord vum 31. Mäerz 2022 mat de Sozialpartner ausgemaach, datt net nëmme Betriber aus deem Beräich, mee och aus der Konstruktioun an dem Liwensmëttelhandwierk, déi ënner den héijen Transportkäschte leiden, an esouguer dowéinst Pertë maachen, eng finanziell Kompensatioun kënnen kréien. De Gesetzprojet 8019<sup>7</sup>, deen deemnächst an der Chamber gestëmmt gëtt, gesäit vir, datt bis Enn vun dësem Joer all Grupp aus deene Secteuren eng Hëllef vu bis zu 400.000 Euro ka kréien, fir déi zousätzlech Käschten ze decken, déi hinnen duerch déi aktuell Spritpräisser entstanen sinn. Doriwwer eraus ass d'Regierung den Ament amgaangen ze kucken, wéi dëst am Tripartite-Accord festgehalen gouf, wéi ee Betriber encouragéiere kann, fir hir Flott progressiv ze dekarboniséieren.

D'Iwwerleeungen, fir esou eng Hëllef anzeféieren, fir Betriber ze encouragéieren, fir hire Fuerpark an deem Sënn ze moderniséieren, ass komplementär zum Gesetzprojet 7925<sup>8</sup>. Dëse Projet gesäit vir, datt Betriber eng finanziell Hëllef kënnen kréien, wa se bei sech Infrastrukturen installéieren, fir elektresch Gefierer opzelueden, déi dann entweder vum Betriber selwer, senge Mataarbechter, oder vun aneren, externe Leit fir hir Gefierer kënnen benotzt ginn. De Gesetzprojet 7925 gëtt an den nächsten Deeg an der Chamber gestëmmt.

### Cigarette électronique jetable | Question 6275 (31/05/2022) de Mme Carole Hartmann | M. Claude Lamberty (DP)

Depuis sa mise en circulation en 2021, la « Puff », une mini-cigarette électronique préremplie et préchargée, jetable, et diffusant des arômes sucrés et fruités, est rapidement devenue un objet à la mode auprès des adolescents français.

Le Ministère de la Santé français a tiré la sonnette d'alarme face à un phénomène « préoccupant ».

À ce sujet, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Ce nouveau phénomène s'observe-t-il aussi au Luxembourg ?

2) Dans l'affirmative, Madame la Ministre dispose-t-elle de chiffres ou de données sur la consommation de cigarettes électroniques jetables au Luxembourg ?

3) Madame la Ministre, juge-t-elle utile d'informer davantage la population sur ce nouveau produit et ses risques ?

**Réponse (04/07/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

ad 1) La loi modifiée du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac prévoit en son article 4 octies, paragraphe 1<sup>er</sup> que « Les fabricants et les importateurs de cigarettes électroniques et de flacons de recharge sont tenus de soumettre une notification à la Direction de la santé concernant tout produit de ce type qu'ils ont l'intention de mettre sur le marché ». La notification du produit, qui doit contenir des informations limitativement énumérées par la loi précitée, doit être faite six mois avant la mise sur le marché. Par ailleurs, une taxe de 5.000 € est due (article 4 octies, paragraphe 4 de la loi antitabac) pour chaque notification de produit.

Des notifications pour des produits similaires aux mini-cigarettes Puff ont été déposées à la Direction de la santé en vue de leur commercialisation au Luxembourg. Actuellement aucun des dossiers notifiés n'est complet car la taxe de 5.000 € n'a pas encore été acquittée pour aucun des dossiers. Les déclarants ont été contactés et invités à régler la taxe, jusqu'à présent aucun des déclarants n'a cependant donné des suites à cette demande. À défaut d'un dossier de notification complet la commercialisation de ces produits reste illégale. À noter également que dans le cadre d'actions ponctuelles de contrôle dans plusieurs points de vente, des produits non déclarés ont déjà été retirés.

Le fait que les produits de vapotage ne sont soumis ni à un droit d'accises ni à une autorisation de vente délivrée par l'Administration des douanes et accises, au même titre que les produits du tabac, il n'est pas possible de connaître précisément tous les points de ventes dans le pays ainsi que les quantités mis à la vente et d'y effectuer des contrôles. Ce problème n'est pas spécifique au Luxembourg, mais est récurrent dans la plupart des pays européens, dont notamment en Belgique et en France.

ad 2) Actuellement le Ministère de la Santé ne dispose ni de chiffres ni de données sur la consommation de cigarettes électroniques jetables au Luxembourg. Les chiffres dont dispose le Ministère de la Santé concernent tous les produits du vapotage sans distinction et proviennent de l'étude sur la prévalence tabagique au Luxembourg commandée par la Fondation Cancer, à laquelle le Ministère de la Santé s'est associé pour la reconduite des prochaines études de la prévalence tabagique au Luxembourg.

Des questions sur les habitudes de consommation de la cigarette électronique dans la population y sont prévues et permettront de suivre l'évolution de sa prévalence dans le temps.

ad 3) Le Ministère de la Santé reconnaît que la cigarette électronique sous toutes ses formes ou variantes constitue un risque potentiel pour la santé.

La cigarette électronique simule l'acte de fumer et renormalise l'image de fumer en société. La nicotine contenue dans les e-liquides entraîne rapidement une dépendance et constitue pour les jeunes une porte d'entrée vers un tabagisme de longue durée dont il sera difficile de se sevrer.

Les ingrédients utilisés dans les cigarettes électroniques n'ont pour la plupart pas été testés en inhalation et leurs effets sur la santé à long terme restent incertains et inquiétants. De nombreuses études en laboratoire ont révélé la présence de métaux lourds, tels que le nickel, le chrome, le plomb et d'autres substances cancérigènes dans la vape inhalée.

Le Ministère de la Santé prend par conséquent très au sérieux l'émergence de ce type de produits. Des

mesures préventives pour protéger la population, et notamment les plus jeunes de l'exposition aux fumées et vapeurs émises par les produits du tabac, ont été mises en place et concernent également les produits de la cigarette électronique jetables :

- l'interdiction de vapoter aux mêmes endroits où s'applique l'interdiction de fumer, ce qui comprend aussi particulièrement les aires de jeux pour enfants, les enceintes sportives où des jeunes de moins de 16 ans pratiquent un sport ;
- l'interdiction de fumer et aussi de vapoter dans les véhicules si des enfants de moins de 12 ans sont à bord ;
- l'interdiction de vente de cigarettes électroniques et des flacons de recharge aux mineurs, au même titre que les produits du tabac ;
- l'interdiction de publicité pour les cigarettes électroniques et des flacons de recharge, sauf dans les points de vente ;
- les ventes à distance des cigarettes électroniques et de flacons de recharge, depuis ou vers le Luxembourg, sont interdites, y compris si le commerçant se trouve à l'étranger. Les boutiques en ligne sont par conséquent interdites ;
- les interdictions citées plus haut sont également applicables aux cigarettes électroniques et aux flacons de recharge sans nicotine ;
- la mise à disposition sur le site <https://sante.public.lu/fr/prevention/tabac/index.html> d'informations sur les dangers des produits du tabac à destination de la population ainsi que la réalisation de campagnes nationales de prévention antitabac.

### Aides suite aux inondations du mois de juillet 2021 | Question 6276 (01/06/2022) de M. Max Hengel | M. Léon Gloden | Mme Octavie Modert (CSV)

D'Héichwaasserkatastroph am Juli lescht Joer huet a verschiddene Géigende vum Land extreem Schied hannerlooss vun deem esouwuel Privatleit, Baueren, Geschäftsleit an och Gemenge betraff waren. An den Äntwerten op d'parlamentaresch Ufroen N°5691 an N°6008 huet d'Regierung erkläert, dass finanziell Hëllef vum 100.000.000 Euro un d'Affer ausbezueelt sollte ginn. Laut engem Artikel op wort.lu ware bis Mëtt Mäerz awer eréischt 12 Milliounen ausbezueelt ginn. An engem weideren Artikel aus dem Wort vum 28. Mee 2022 ass ze liesen, dass verschidden Affer awer bis haut, trotz Zousoen, keng finanziell Ënnerstëtzung kritt hunn. Dës Aussoen hu mir och vu Privat- a Geschäftsleit sou wéi vun de Gemengeresponsablen héieren.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Froen un d'Regierung richten:

- Kann d'Regierung dës Informatioun bestätegen?
- Wa jo, wat sinn d'Grënn fir net bezuelten Hëllef? Ginn dës Hëllef nach ausbezueelt?
- Wa jo – bis wéini gedenkt d'Regierung, dës Hëllef ze bezuelen?

**Réponse commune (22/06/2022) de Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur | Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration | M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes**

Privatleit

Wat d'Hëllef fir déi vun den Iwwerschwemmunge vum 14. a 15. Juli 2021 concernéiert Privatleit betrëfft, goufe 664 Demandé fir eng finanziell Ënnerstëtzung beim Familljeministère um Datum vum 13. Juni 2022 agereecht. Dovunner huet de Familljeministère bis ewell 598 Demanden ofgeschloss, dat heescht knapp 90 % vun den Dossiere goufen traitéiert, an et goufen

<sup>7</sup> <https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/TravailALAChambre-Recherche/RoleDesAffaires?action=doDocpaDetails&id=8019>

<sup>8</sup> <https://chd.lu/wps/portal/public/Accueil/TravailALAChambre-Recherche/RoleDesAffaires?action=doDocpaDetails&id=7925>



Hëllef an Héicht vu 7.162.511 Euro u Privatleit ausbezueft.

Domadder stinn nach 66 Dossiere beim Familljeministère op, well d'Leit déi néideg Dokumenter nach net agereecht hunn, fir den Dossier ze kompletéieren (zum Beispill d'Äntwert vun der Assurance, d'Preuve vun de Revenuen oder – am Fall vu Residenzen – eng Opdeelung vun de Käschten). Soubal en Dossier komplett ass, kann de Familljeministère dësen un d'Kommissioun weiderginn (Commission des secours sociaux demandés à la suite de catastrophes naturelles), fir en ofzeschléissen.

#### Gemengesecteur

Wat de Gemengesecteur betrëfft, goufe Schied an Héicht vun 21.186.810,71 Euro gemellt. Den Inneministère huet bis de 16. Juni 2022 32 Demandé vu Gemengen erakritt an eng vun engem Syndikat. Op den Dag vum 16. Juni 2022 si 7 Gemengen an 1 Syndikat fir insgesamt 1.372.987,48 Euro entschiedegt ginn.

Et sinn nach 24 Dossiere vu Gemengen en cours, well och hei d'Dossieren entweder net komplett sinn oder déi néideg Pièces feelen, fir ze analyséieren, ob déi Schied eligibel fir e Remboursement sinn oder net. Déi ausstoend Dossiere belafen sech op eng Zomm vun 19.824.062,42 Euro. D'Gemengen an d'Syndikater kënnen hir Demandé nach bis den 1. Juli 2022 areechen.

#### Betribler

Säitens der Generaldirektioun fir de Mëttelstand sinn nëmmen déi Dossieren nach net integral ausbezueft ginn, an deenen nach Dokumenter feelen an deemno d'Demande nach net komplett ass. Sou wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5101 preziséiert ginn ass, sinn d'Grënn déi, dass entweder keng Expertise vum Assureur oder keng Rechnungen virleien. An deene besote Fäll sinn awer ëmmer Avancen ausbezueft ginn, an de Solde gëtt liquidéiert, soubal déi erfuerdert Dokumenter virleien.

#### Double diplôme de fin d'études secondaires | Question 6277 (01/06/2022) de Mme Martine Hansen | M. Marc Spautz (CSV)

Am Koalitionsaccord 2018–2023 gëtt am Kapitel iwwer d'Moderniséierung vun der Offer vun der Berufsausbildung e sougenannten duebelen Diplom als Ofschloss vum Enseignement secondaire an Aus-sicht gestallt: « Un double diplôme sera introduit au niveau de la classe de fin d'études secondaires. Ainsi, les élèves auront la possibilité de passer leur baccalauréat en même temps qu'ils pourront obtenir un diplôme d'aptitude professionnelle (DAP). La possibilité de la création d'un bac professionnel sera analysée. »

An deem Kontext wëllt mir folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

– Kann den Här Minister eis iwwer den aktuelle Stand vun der Aféierung vun dësem duebelen Diplom informéieren?

– Ass ee Pilotprojet amgaangen?

• Wa jo, a wéi engem Lycée, a wat sinn déi aktuell praktesch Erfarungen domat?

• Wann net, wat sinn d'Grënn dofir, dass deen am Koalitionsaccord verankerte Projet bis elo net ëmgesat gouf?

• Ass geplangt, deen an dëser Legislaturperiod nach ulafen ze loossen?

**Réponse** (05/07/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

De Projet „duebelen Diplom Première + DAP“ verlaangt an der Ëmsetzung méi Zäit ewéi gemengt: Et

ass schwéier, e Konsens ënnert de Partner vun der Berufsausbildung hierstellen doriwwer, wéi eng Contenuë vun deenen zwou Formatiounen als essentiell unzegesinn, respektiv wou déi eng Formatioun déi aner kompletéiert.

Opgrond vun der Pandemie haten déi zoustänneg Services vum mengem Departement net déi néideg Disponibilitäten, mat de Partner, déi um Projet associéiert musse ginn, en attraktivt Konzept an en ausgegla-chene Programm auszuschaffen. Deemno wäert fir d'Rentrée 2022/2023 kee Projet prett sinn, fir kënnen ze starten.

D'Iwwerleeunge ronderëm dësen duebelen Diplom sollen awer weidergefouert ginn. Schlisslech gëtt esou een Diplom vun alle méigleche Säiten als sënnvoll a wäertvoll ugesinn.

#### Situation des chercheurs luxembourgeois travaillant à l'étranger | Question 6278 (01/06/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Lëtzebuurger Akademiker, déi am Ausland als Héichschoulprofessor oder Fuerscher ugestallt waren, kënnen eng béis Iwwerraschung erliewen, wa si hir Pensioon hei am Land wëlle verbréngen. D'Paien am öffentliche Sektour, inklusiv an der Fuerschung, am Ausland kommen dacks net un déi lëtzebuergesch erun, an d'öffentlech Altersvirsuerg ass an deene Länner dacks manner entwéckelt wéi heiheem, esou datt d'Pensiounen deementspreechend méi kleng sinn. Trotzdeem hunn dës Leit an hirer beruflecher Karriär och eppes fir eist d'Land gelescht an de Ruff vun Lëtzebuerg no bausse vertrueden an engem Beräich, wou mir eréischt zënter 2003 richtig op der Landkaart sinn. Anerersäits ass an der Fuerschung, wéi och an der akademescher Léier eng héich Mobilitéit gefrot, bei där eng beruflech Karriär ee bal zwéngend an d'Ausland féiert.

Dowéinst wëllt ech dem Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung sech der prekärer Situatioun bewosst, där Lëtzebuurger Fuerscher an Unisprofes-sere kënnen ausgesat sinn, déi am Ausland geschafft hunn?

2. Ass d'Regierung sech bewosst, datt déi international Mobilitéit an der Léier an an der Fuerschung en normalen an esouguer noutwennegen Deel vun enger akademescher Carrière ass?

3. Wéi bewäert si, eventuell am Kader vum „Nation Branding“, den Impakt vun akademeschen Aktivitéite vu Lëtzebuurger am Ausland?

4. Am Fall, wou d'Regierung wëllt, op d'mannst bei Härtefäll, esou Leit entgéintkommen, wou wäeren Usatzméiglechkeeten? Ass et realistesch, un e Fong ze denken, dee vum FNR kéint ageriicht ginn? Oder un eng Bourse, déi no der beruflecher Karriär fir där hir Dauer kéint ausbezueft ginn?

5. Wou gi jonk Lëtzebuurger Akademiker, déi eng Karriär am Ausland an d'A faassen, beroden, fir datt si am Alter net virun esou Problemer stinn? Wéi wäit weess d'Lëtzebuurger Regierung iwwerhaupt, wann e Lëtzebuurger am Ausland an akademesche Posten an der Léier oder der Fuerschung unhëlt?

**Réponse commune** (05/07/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche | **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

D'Regierung ass sech bewosst, dass Lëtzebuurger Fuerscher, Universitätsprofessoren an am Allgemengen all Lëtzebuurger Staatsbürger, déi hir beruflech

Karriär am Ausland verbruecht hunn, oft méi kleng Pensioune kréien, wéi wa se hir Karriär zu Lëtzebuerg gemaach hätten. De Reglement (CE) N° 883/2004 koordinéiert d'Sozialversécherungssystemer an Europa a regelt, ënner anerem, och d'Pensiounsberechnung fir Leit, déi a méi Länner geschafft hunn. Nieft der EU-Reglementatioun huet Lëtzebuerg och nach bilateral Konventiounen mat iwwer 35 Länner ofgeschloss. Ee wichtege Prinzip ass d'Totalisatioun vun de Versécherungszäiten aus den eenzele Länner, fir d'Urecht op eng Pensioon ze préiwien. Voraussetzung ass natierlech, dass Cotisatiounen an de Länner abezueft goufen.

D'Mobilitéit ass e wichtegen Deel an der Karriär vun engem Fuerscher a féiert dozou, dass Fuerscher, egal wéi eng Nationalitéit se hunn, oft hir Karriär a verschidde Länner maachen an deementspreechend a verschidde Pensioonssystemer abezuelen a vun do aus och verschidde Deeler vu Pensioune kënnen kréien.

D'Regierung ass houerfeg, dass et ganz vill exzellent Lëtzebuurger Fuerscher an Universitätsprofessoren am Ausland ginn, déi och reegelméisseg zu Lëtzebuerg agebonne ginn, sief dat bei enger Evaluatioun vun engem Projet oder enger Fuerschungsinstitutioun oder och an engem Verwaltungssrot vun enger Institutioun.

D'Missioun vum nationale Fuerschungsfong FNR gesi vir, dass Fuerschungsaktivitéite kënnen finanziéiert ginn, wou och de Salaire vum Fuerscher derzou gehéiert. Seng Mëttele kënnen awer net agesat gi fir Persounen, déi an der Pensioon sinn.

D'Regierung huet sech an de leschte 15 Joer um EU-Niveau dofir agesat, dass jonk Fuerscher während dem Doktorat, also vun Ufank u vun hirer Karriär, schonn sozialverséichert sinn, an dat wirkt sech positiv aus op d'Durée an d'Héicht vun hiren zukünftege Pensiounen. Sait 2008 ass dës de Fall fir de Gros vun den Doktoranden an de Fuerschungsinstitutiounen an op der Universitéit Lëtzebuerg.

#### Procès-verbaux dressés contre des automobilistes | Question 6280 (01/06/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Mat der parlamentarescher Fro N° 6200 wollt ech mech iwwer d'Unzuel vun de Protokoller reiseignéieren, déi an de leschte sechs Méint u Vëlofuierer ausgestallt goufen. Gläichzäiteg wollt ech mech och doriwwer reiseignéieren, wéi vill Automobiliste géint den Artikel 125.08 (<1,5 m beim Iwwerhuele vu Vëloen) vum Code de la route verstouss hunn. Goufen an där Zäit 47 gebühreplecht Verwarnungen u Vëlofuierer ausgestallt, sou gouf am nammlechten Zäitraum keen eenzegen Automobilist wéinst enger Infraktioun vum genannten Artikel penaliséiert.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1. Wéi vill Protokoller goufen an de leschte sechs Méint un Automobilisten ausgestallt, well se fir eng Infraktioun vis-à-vis vun engem Vëlofuierer verantwortlech waren? Wéi vill Protokoller goufen an de leschte sechs Méint insgesamt un Automobilisten ausgestallt?

2. Ëm wéi eng Infraktiounen huet et sech dobäi gehandelt?

**Réponse** (22/06/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. an 2. An de leschte sechs Méint huet d'Police bei Verkéierskontrolle pro Mount an der Moyenne eng 4.000 Verstéiss vun Automobiliste géint d'Artikelen aus dem Code de la route festgestallt an en Avertissement taxé (AT) ausgestallt. Wann een déi mobil a fix Radaren esou wéi déi gebühreplecht Verwarnunge vun



den Agents municipaux mat consideréiert, kënn een op duerchschnëttlech 60.000 Aten, déi pro Mount un Automobilisten ausgestallt gi sinn.

Laut dem Code de la route ass et bei den allermeeschten Infraktiounen irrelevant, wat fir ee Verkéiersteilnehmer eng Infraktioun par rapport zu engem anere Verkéiersteilnehmer begaangen huet. Deemno ass et net méiglech, d'Zuel vun Infraktiounen spezifesch par rapport zu engem Vélosfuerer ze ginn. D'Police grand-ducale lancéiert reegelméisseg präventiv Campagnen, fir all Verkéiersteilnehmer op géigesäitege Respekt an déi néideg Geste fir méi Sécherheet am Verkéier nohalteg ze sensibiliséieren.

#### Accidents avec des faons lors des travaux de fauchage | Question 6282 (01/06/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

Zu dëser Joreszäit ginn an der Landwirtschaft massiv Wise geméit. Dobäi kënn et ëmmer nees zu ganz trauregen Zeenen, wou Réikitzen den Traktere mat de Méimaschinen zum Affen falen. Rezent ass et am Raum Jonglënster zu sou engem dramateschen Tëscheffall komm, wou gläich aacht Réikitze reegelrecht zerrappt gi sinn. E puer waren direkt dout, anerer, déi trotz ofgetrennte Glidder nach gelieft hunn, hu misse vu Jeeër erléist ginn. An Däitschland ass et esou, datt de Bauer dem betraffene Juegdpiechter Bescheed muss soen, eier en eng Wiss mam Trakter méit. Hei zu Lëtzebuerg ass dat net de Fall. Déi däitsch Regierung stellt dann der Jeeërschaft esouguer dräi Milliounen Euro zur Dispositioun, fir Drone mat Wärmekameraen anzesetzen, fir de Baueren d'Kitze mellen ze kënnen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Wéi ass et méiglech, datt et hei zu Lëtzebuerg keng kloer Reegelen gëtt, fir ze verhënneren, datt all Joer Honnerte Kitz an op dës grausam Aart a Weis stierwen müssen?

2. Ass et vun der Naturverwaltung villäicht esouguer gewollt, fir an dëser Saach keng Reegelen anzeféieren, dat mam Argument, datt et souwiesu schonn eng Iwwerpopulatioun vun de Réi gëtt?

3. Ville Baueren a Jeeër am Land ass d'Problematik bekannt, déi schaffen och schonn zesummen an hu sech Wärmebildkameraen ugeschafft, fir virum Méine mat Dronen iwwert d'Wiesen ze fléien. Missten dofir fir d'Leit, déi dës fir Kitz liebensrettend Mesur scho praktizéieren, direkt finanziell Hëllef gëllen?

**Réponse commune** (05/07/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Iwwert déi vum éierewäerten Deputéierten avancéiert Zuel zu „Honnerte Kitz“ ka keng Positioun bezu ginn. D'Naturverwaltung (ANF), respektiv aner staatlech Verwaltungen hu keng Informatiounen doriwwer, wéi vill Réikitzen an aner Déieren all Joer duerch landwirtschaftlech Aktivitéiten blesséiert ginn oder stierwen. Dobäi sief och vermierkt, datt net just den Nowues vum Réi duerch Maschinnen während dem Schnatt zu Schued kënn oder stierft, mee och aner Déieren- a Planzenarten (buedembréiend Vullen, spéitbléiend Planzen an divers Insektenarten) dovun betraff sinn.

Kloer Reegelen zum Thema gëtt et zu Lëtzebuerg net. Allerdéngs gëtt et awer ee virbildlecht Déiereschutzgesetz, souwéi een Naturschutzgesetz, déi an hiren Dispositiounen dës Thematik indirekt mat couvréieren:

Loi du 27 juin 2018 sur la protection des animaux.

Art. 1<sup>er</sup>. Objectif

« [...] Il est interdit à quiconque sans nécessité de tuer ou de faire tuer un animal, de lui causer ou de lui faire causer des douleurs, des souffrances, des angoisses, des dommages ou des lésions. [...] »

Loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles.

Art. 19. Interdictions d'atteintes aux espèces animales sauvages

« Sont interdites toutes exploitation, utilisation, mutilation ou destruction non justifiées d'espèces animales sauvages. Toute manipulation d'individus de ces espèces doit se faire dans des conditions conformes aux impératifs biologiques de leur espèce et au respect de leur bien-être. [...] »

Art. 21. Dispositions visant les espèces animales protégées particulièrement

« (1) Concernant les espèces animales intégralement protégées en supplément des interdictions prévues à l'article 19, il est interdit : [...] »

2° de perturber intentionnellement des individus de telles espèces, notamment durant les périodes de reproduction, de dépendance, d'hibernation et de migration ; [...]

4° de détériorer ou de détruire leurs sites de reproduction ou leurs aires de repos ; [...] ».

ad 2. De Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an d'ANF hunn ëmmer fir méi ee spéit Méien am Joer plaidéiert, dëst fir d'Artevillfalt ze schützen. Dorënner fale selbstverständlech, nieft ville buedembréiende Vullen, souwéi spéit bléiende Planzen an deenen drop ugewisenen Insekten och d'Reikitzen. Am sougenannte Biodiversitéitsreglement (Règlement grand-ducal du 11 septembre 2017 instituant un ensemble de régimes d'aides pour la sauvegarde de la diversité biologique en milieu rural) ginn extra Programmen definéiert, fir de Baueren e Subsid ze bezuelen, fir méi spéit ze méien.

ad 3. Effektiv gëtt et esou technesch Léisungen. Déi am mannsten opwänneg Method ass awer, den éischte Schnatt vum Joer esou spéit wéi méiglech ze maachen, dovunner profitéiert d'Natur insgesamt. Dann ass nämlech eng méi grouss Unzuel un Déieren a Planzenaarte kapabel, fir hiren natierlechen Zyklus duerchzuféieren a sou vun dëser Moosnam ze profitéieren. Notamment Réikitzen an aner Déierenarten si scho méi grouss, respektiv d'Planzenaarte kéinte fäerdeg bléien an aussomen. Wéi an der zweeter Äntwert erwänt, ginn et fir ee spéiden éischte Schnatt finanziell Ureizer.

Aktuell ginn et keng finanziell Hëllef fir Drone mat Wärmebildkameraen.

#### Charges locatives de logements publics | Question 6283 (01/06/2022) de Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)

La hausse des prix de l'énergie depuis l'automne 2021 a fait fortement augmenter les frais de chauffage et de l'électricité des ménages. Les locataires et notamment les locataires de logements publics en sont souvent le plus impactés.

La majorité des logements publics locatifs existants sont gérés par les deux promoteurs publics nationaux : Le Fonds du logement gère 2.064 logements locatifs et la SNHBM en gère 455.

Les loyers demandés par ces promoteurs publics sont calculés suivant une formule prenant en compte le revenu disponible net des locataires, la composition du ménage, la surface et l'ancienneté des logements et ne

peuvent donc en principe augmenter qu'en cas d'un changement au niveau des paramètres cités voire dans le cas d'une augmentation de l'indice des prix à la consommation. Les charges locatives mises à charge des locataires peuvent pourtant massivement varier, notamment en fonction des prix de l'énergie.

Partant je voudrais poser les questions suivantes concernant l'évolution des charges facturées par les deux promoteurs publics prémentionnés à Monsieur le Ministre du Logement :

1) Monsieur le Ministre peut-il me fournir un inventaire des logements locatifs publics gérés par le Fonds du logement et de la SNHBM ventilé en fonction de leur performance énergétique (Energiepass) ?

2) Le Fonds du logement et la SNHBM ont-ils entretemps adapté les charges locatives mises à charge des locataires ? Dans l'affirmative, quand cette adaptation a-t-elle eu lieu ?

3) Dans l'affirmative encore, Monsieur le Ministre peut-il me fournir un tableau reprenant les taux d'augmentation des charges locatives ventilés en fonction de la performance énergétique des logements ?

4) Qu'arrive-t-il à un ménage-locataire d'un logement public qui ne peut pas remplir ses obligations de paiement en matière de charges locatives ?

5) Comment se présente le décompte des charges locatives adressé aux locataires ? Les frais liés au chauffage ainsi qu'à l'électricité sont-ils clairement séparés des autres frais permettant ainsi aux locataires de connaître précisément l'impact de la hausse des prix de l'énergie sur leurs charges locatives ?

Le règlement grand-ducal de 1998 fixant les mesures d'exécution relatives aux logements locatifs, aux aides à la pierre ainsi qu'aux immeubles cédés sur la base d'un droit d'emphytéose et d'un droit de superficie, prévus par la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement prévoit des réductions de loyer (via la composante de la surface) en fonction de la qualité et de l'ancienneté des logements. La performance énergétique du logement ne figure pourtant pas parmi les critères pouvant justifier une réduction du loyer.

6) Monsieur le Ministre, peut-il m'indiquer si les réductions de loyer possibles mentionnées ci-dessus sont suffisantes pour compenser la hausse des charges locatives liée à l'explosion des prix de l'énergie qui frappe davantage les locataires de logements publics plus anciens qui n'ont pas fait l'objet d'un assainissement énergétique ?

7) Monsieur le Ministre prévoit-il un mécanisme de compensation temporaire en faveur des locataires de logements publics les plus touchés par la hausse des prix énergétiques en prenant en compte la performance énergétique des logements tel qu'il est prévu à l'avenir pour le calcul du loyer abordable (projet de loi n° 7937) ou bien envisage-t-il un plafonnement des charges locatives afin d'éviter une surcharge des locataires ?

**Réponse** (15/07/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre du Logement

La répartition du parc des logements locatifs selon leurs catégories de performance énergétique se présente de la façon suivante :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Il est à noter que le parc locatif du Fonds du logement a une certaine ancienneté et contient un certain nombre d'anciennes bâtisses qui nécessitent encore une rénovation profonde. Afin d'améliorer la performance énergétique de ces bâtisses, le Fonds du



logement a mis en place une stratégie de rénovation énergétique de son patrimoine. Les objectifs principaux de cette stratégie sont :

- l'amélioration de l'efficacité énergétique,
- la réduction des émissions de gaz à effet de serre,
- le remplacement des installations techniques vétustes,
- d'éviter la précarité énergétique des locataires du Fonds du logement.

ad 2) Le Fonds du logement a réévalué le montant des provisions pour charges locatives mises à charge des locataires à hauteur de 20 %. Cette augmentation aura pour objectif d'atténuer la régularisation du décompte annuel des charges locatives du fait de ces hausses de prix et prendra effet à partir du 1<sup>er</sup> juillet 2022.

Tous les locataires ont été informés par courrier de cette adaptation de leurs avances de charges. Le courrier inclut une note explicative, le montant adapté des provisions pour charges locatives ainsi qu'une information sur les bonnes pratiques à adopter afin de réduire la consommation énergétique.

Au regard de la performance énergétique de ces bâtiments, la SNHBM n'a pas procédé à une réévaluation des provisions de charges locatives autres que celles qui se sont imposées dans le contexte des décomptes réalisés au cours du premier semestre 2022.

ad 3) Les charges locatives de l'année en cours ne peuvent être établies qu'au moment de l'établissement des décomptes annuels en début de l'année 2023. Il n'est dès lors pas possible d'établir, à l'heure actuelle, un tableau reprenant les taux d'augmentation des charges locatives ventilées en fonction de la performance énergétique des logements.

ad 4) Les bailleurs sociaux publics Fonds du logement et SNHBM ont mis en place une procédure de gestion sociale des impayés pour la location lorsqu'il y a un constat de l'inexécution contractuelle, c'est-à-dire le non-paiement de loyer, d'avances de charges, de décomptes de charges ou de la garantie locative ainsi que toute autre facturation.

Le but est d'envisager des solutions adaptées à la situation des locataires et de privilégier une solution à l'amiable qui engendrera la signature d'un protocole d'accord visant à établir un plan de paiement pour permettre au locataire d'étaler le paiement sur une durée en adéquation avec ses capacités de paiement.

Si malgré tous ces efforts, aucune solution n'est trouvée, le dossier passera par une commission consultative pour un avis quant à la résiliation du bail.

ad 5) Un décompte annuel des charges locatives est adressé à chaque locataire qui comprend le montant adapté des charges, la situation comptable existante, la répartition d'exercice avec l'ensemble des charges incombant au locataire ainsi qu'un état détaillé des dépenses reprenant toutes les factures par poste du décompte de l'exercice écoulé.

En plus, les locataires ont la possibilité de consulter les pièces justificatives du décompte au siège du Fonds du logement.

Les frais liés au chauffage ainsi qu'à l'électricité (frais communs) figurent bien en tant que catégorie séparée sur le décompte de charges, tout comme les autres types de charges (p. ex. charges communes telles que travaux de nettoyage, consommation d'eau, etc.). Chaque locataire reçoit à cet égard son décompte détaillé et individuel ainsi qu'une copie du décompte global de la résidence.

En ce qui concerne les frais d'électricité privés, chaque locataire conclut individuellement un contrat avec un fournisseur d'électricité.

ad 6) Pour le moment, une réduction de loyer pour compenser la hausse des charges locatives n'est pas appliquée aux logements de la SNHBM et du Fonds du logement.

ad 7) Avec le « Solidaritétspak », une série de mesures ont été introduites afin de venir en aide aux ménages à faible revenu, particulièrement exposés à l'enchérissement des prix de l'énergie. Il s'agit plus particulièrement du crédit d'impôt énergie (CIE) temporaire pour indépendants, salariés et pensionnés et de l'équivalent crédit d'impôt (ECI), versé aux bénéficiaires du revenu d'inclusion sociale (REVIS) et du revenu pour personnes gravement handicapées (RPGH).

Afin que cette mesure puisse effectivement venir en aide aux ménages à faible revenu concernés particulièrement par les hausses des prix d'énergie et conformément au règlement grand-ducal du 30 juin 2022 relatif au calcul du loyer prévu par le règlement grand-ducal modifié du 16 novembre 1998, il n'est pas tenu compte des crédits d'impôt énergie et de l'équivalent crédit d'impôt pour les années 2022 et 2023 lors de la détermination du revenu net disponible d'un ménage en vue du calcul du loyer pour le logement locatif subventionné qu'il habite.

**Écrivains au programme de l'enseignement secondaire** | Question 6284 (01/06/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Verschidden Organisatiounen fuerderen, datt de Rasmusus soll an de Schoulprogrammer berécksiichtegt ginn. Als Prioritéit gëtt verlaangt, „net wäiss“ Autoren a Kënschtler an de Programmer ze studéieren an hir Wierker an de Schoulbibliothéiken unzibidden. Esou eng Approche werft eng ganz Rëtsch Froen op:

1. Ass d'Regierung der Meenung, datt Wierker no der Hautfaarf vum Auteur zréckzebehalen oder net, net och eng rassistesche Demarche ass?

2. Ass et net eng zentral a prioritär Aufgab vum der Lëtzebuerger Schoul, fir déi Lëtzebuerger an déi europäesch Kultur un déi nächst Generatiounen virunzeginn?

3. Wann ausgerechent an esou fräie Beräicher wéi Konscht a Literatur eng diskriminatoire Selektioun zum Nodeel vum ouni Zweifel majoritäre wäissen (a männlechen) Autoren sollt fir néideg fonnt ginn, wär dann och an den Naturwëssenschaften d'prioritär Behandelung vum net wäissen (an net männlechen) Fuerscher a Wëssenschaftler e logesche Schrack?

**Réponse commune** (04/07/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

Fir unzefänke wëlle mir betounen, datt d'Wierker, déi an der Schoul behandelt ginn, net no der Hautfaarf vum Auteur ausgewielt ginn. Allerdéngs erweist sech grad an de Geeschteswëssenschaften eng multiperspektivesch Approche als sënnavoll. Dobäi handelt et sech ëm de geneeëe Contraire vum enger rassistescher Demarche.

Eng multiperspektivesch Approche setzt de Stellenwert vum der Lëtzebuerger an europäescher Kultur dach net erof: Mir erënneren an deem Kontext un déi sëlleg Effort, déi den Educationnsministère an de leschte Joren ënnerholl huet, fir d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur an der Schoul ze fërderen. Och déi staatlech Kulturinstituter sinn un deem Prozess bedeelegt, sief et duerch d'Formations continues, déi se ubidden, oder duerch d'Editioun vu pedagogeschen Dossierer an didaktesche Carneten iwwert d'Lëtzebuerger Literatur, respektiv d'Lëtzebuerger Musek.

Wat déi wëssenschaftlech Fächer betrëfft, sou geet et drëms, gesécher Erkenntnisser, déi op enger zolitter wëssenschaftlecher Basis berouen, ze vermëttelen, an net ëm d'Hautfaarf oder d'Geschlecht vum de Fuerscher oder Wëssenschaftler.

Ofschléissend géife mir all Concernéiert drëms bidden, onpoulesch a mat där néideger Sachlechkeet un dës Froen erunzegoen.

**Introduction d'une charte des bonnes pratiques pour l'industrie du film** | Question 6285 (01/06/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

De kënschtlereschen Direkter vum LuxFilmFest a President vum „Europa Film Festivals“ ass amgaangen, eng Charte auszeschaffen, déi Cineasten, Festivalsdirekteren a Filmverkeeder zu etheschem Verhalen opriff, besonnesch am Hëllef op Genderparitéit an Ökologie. An engem Artikel am „Le Quotidien“ vum 30. Mee 2022 („Trop de films, c'est la rançon du succès“) gëtt den Entwurf esou beschriwwen: « Le LuxFilmFest n'a pas attendu #MeToo pour se sentir concerné par la parité de genre, et il suffit de jeter un œil aux premières programmations, en 2011 ou 2012, pour y trouver des films sur la montée des eaux et le réchauffement climatique : ça a toujours été dans notre ADN. Par extension, cette charte incite très fortement à adopter une démarche sociale. »

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

1. Wéi steet d'Madamm Minister zur Tatsaach, datt de kënschtlereschen Direkter vum engem Filmfestival, un deem de Staat bedeelegt ass, eng Charte ausschafft, déi sech zum Zil setzt, „de révolutionner les bonnes pratiques“ an der Filmindustrie? Besteet hei net d'Gefor, datt sech ee wichtege Acteur vum der Lëtzebuerger Kulturzeen als moralesch Instanz positionéiere wëllt an datt esou eng Charte een Agrëff an d'Konschtfreiheet vum de Cineasten an déi kommerziell Freiheet vum der Filmindustrie bedeit, andeems se dës Berufsspart zu engem gemeinsame Wäertekanon verflücht?

2. Wéi steet d'Madamm Minister grondsätzlech zur Iwwerleeung, datt d'Konschtfreiheet respektiv d'Meenungsfreiheet an hirer Totalitéit ze respektéieren ass an datt just bei Verstéiss géint d'Zivilitéit (z. B. Diffamatiounen oder Opriff zur Gewalt) d'Justiz agräife sollt?

**Réponse** (30/06/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture

Am Interview vum der Dageszeitung „Le Quotidien“ vum 30. Mee 2022, op deem den honorabelen Deputéierte sech berëfft, geet riets vum enger Charte de bonnes pratiques, déi de Réseau „Europa Film Festivals“ amgaangen ass auszeschaffen. De Réseau Europa Film Festivals ass een nach jonken Zesummeschluss vum europäesche Filmfestivaller, déi sech an hirer Ausrichtung, an hirer Envergure an an hirem Fonctionnement gläichen. Dass de Luxembourg City Film Festival (LCFF) an deem Réseau opgeholl gouf, mat ronn enger Dosis änleche Festivaller, wéi deem vu Belfast oder Galway an Irland, oder nach deene vu Reykjavik, Hamburg, Bordeaux oder Genève, ass u sech schonn eng immens gutt Nouvelle fir eise Festival. Et ass awer och eng gutt Nouvelle fir ons Filmschaffend, déi esou indirekt mat an dat Netzwerck erakommen. Ech wëll och ënnersträichen, dass de kënschtlereschen Direkter vum LCFF, den Alexis Juncosa, zanter deem Fréijoer dee Réseau och presidéiert – wat e weideren Hiwäis op hir Unerkennung an hirem Seriö ass.

Dës Charte des bonnes pratiques ass en Dokument, dat aus dem Wëllen entstanen ass vum de Festivaller u sech, mee och vum de Verkeeder vu Filmer – déi och



e Réseau hunn –, fir hir Geschäftsrelatiounen, déi bis elo meeschtens mëndlech verlaf sinn, ze verschrëftlechen an eebe „gutt Praxisse“ festzehalen. Do geet et ëm ganz vill verschidden Elementer, vun techneschen Standarden iwwer ufalend Käschte bis bei e korrekten Ëmgang mateneen – elauter Theemen, déi duerchaus hir Wichtigkeet hunn, awer op kee Fall d'Programmation vun de Festivaller betreffen. Dës bleift natierlech bei deene jeeeweilege kënschtlerechen Direktiounen an dat ass och esou an deem Dokument festgehalen.

D'Charte, déi de Réseau Europa Film Festivals amgaangen ass auszeschaffen, stellt deemno absolutt keen Agrëff an d'Konscht- oder an déi kommerziell Fräiheeten duer.

Esou wéi ech dat a mengen Äntwerten op viregt parlamentaresch Froe betount hunn, setzen ech mech weiderhi fir d'Meenungs- an d'Konschtfreiheet an, esou wéi se an eisem Rechtsstaat garantéiert sinn.

### Cannabis médical | Question 6287 (02/06/2022) de M. Max Hahn | Mme Carole Hartmann (DP)

Le 20 juillet 2018 a été voté la loi autorisant l'utilisation du cannabis à des fins médicales au Grand-Duché de Luxembourg. Le règlement grand-ducal du 21 août 2018 fixe les modalités d'usage, en particulier la limitation aux patients atteints de maladies graves, en phase avancée ou terminale, entraînant des douleurs chroniques, de maladies cancéreuses traitées par une chimiothérapie induisant des nausées ou vomissements ou de sclérose en plaques avec spasticité musculaire symptomatique.

Plusieurs points du règlement grand-ducal ont donné lieu à des critiques depuis sa mise en place : délivrance du cannabis réservée exclusivement aux pharmacies hospitalières donc acquisition difficile pour les patients âgés et/ou à mobilité réduite, frais d'achat de vaporisateurs non remboursés donc investissement non négligeable pour de nombreux patients et limitation trop restrictive d'autorisation de prescription.

Concernant le dernier point, de nombreuses études récentes montrent que le cannabis peut être efficace pour le traitement de beaucoup d'autres pathologies graves, par exemple syndrome de Lennox-Gastaut et syndrome de Dravet<sup>9</sup>, maladies de Parkinson et d'Alzheimer<sup>10</sup>, maladie de Crohn<sup>11</sup>, fibromyalgie<sup>12</sup>, certains états psychotiques<sup>13</sup>.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) En réponse à la question parlementaire n° 4349, Madame la Ministre avait indiqué que des discussions étaient en cours avec le Syndicat des pharmaciens en ce qui concerne la délivrance sur prescription du cannabis médical par toutes les pharmacies. Où en sont ces discussions ?

2) Est-ce que le Gouvernement maintient son refus de rembourser les frais d'acquisition de vaporisateurs. Dans l'affirmative, quelles en sont les raisons ?

3) À la vue des progrès scientifiques récents, quelle est la position du Gouvernement concernant l'élargissement de l'utilisation du cannabis pour le traitement de maladies supplémentaires par rapport à celles initialement retenues ?

**Réponse commune (07/07/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale**

ad 1) Fin 2020, un questionnaire élaboré par la Division de la pharmacie et des médicaments de la Direction de la santé a été envoyé aux pharmacies d'officine du Grand-Duché pour sonder la volonté ainsi que la faisabilité d'une future dispensation du cannabis en officine de ville. D'après cette enquête, la majorité des officines sont favorables à la dispensation de cannabis médical dans leurs locaux. Des discussions avec le Syndicat des pharmaciens (SPL) s'en sont suivies en janvier 2021. Cependant, il avait été retenu à l'époque d'attendre les conclusions du rapport d'évaluation sur le cannabis médical sur ce point. Le rapport en question, soumis à la Ministre de la Santé au printemps 2022, en est venu à la conclusion que considérant le nombre de patients et de dispensations de cannabis médical en croissance permanente, la délivrance du cannabis en officine de ville devrait être considérée, afin de soulager les quatre pharmacies hospitalières du pays qui sont actuellement les seules à pouvoir délivrer légalement du cannabis médical. Des réflexions dans ce sens sont actuellement en cours. Il s'agit cependant de noter que l'éventuelle délivrance de cannabis médical en pharmacie de ville nécessitera au préalable une modification de la législation. Cela entraînera par ailleurs également l'organisation de toutes une série de modalités pratiques, notamment la mise en place d'une formation spécifique des pharmaciens d'officine.

ad 2) Tout d'abord il y a lieu de préciser qu'en application de l'article 21 du Code de la sécurité sociale (CSS), les décisions portant sur le remboursement par l'assurance maladie-maternité revient au conseil d'administration (à composition tripartite) de la Caisse nationale de santé (CNS) pour autant que le remboursement n'est pas directement déterminé par des dispositions législatives ou réglementaires. Ainsi, l'article 21 du CSS prévoit que « la prise en charge des actes, services et fournitures se fait suivant les conditions, modalités et taux déterminés par les statuts » et l'article 45, alinéa 3, point 6), du même code définit la fixation des statuts comme attribution du conseil d'administration.

En ce qui concerne plus précisément la question de la prise en charge par l'assurance maladie du cannabis à usage médical ainsi que l'acquisition de vaporisateurs pour son administration, cette prise en charge ne peut avoir lieu que s'il s'agit d'un médicament pour lequel a été émise une autorisation de mise sur le marché et qui figure sur la liste positive des médicaments.

En effet, les dispositions de l'article 22, paragraphe premier, du Code de la sécurité sociale prévoient que : « (1) La prise en charge des médicaments dispensés dans les pharmacies ouvertes au public et dans le cadre de la délivrance hospitalière se fait selon une liste positive à publier au Mémorial. [...] Ne peuvent être inscrits sur la liste positive que des médicaments disposant d'une autorisation de mise sur le marché, d'un prix au public et pour lesquels le titulaire de l'autorisation de mise sur le marché a introduit une demande auprès de la Caisse nationale de santé en vue de l'inscription du médicament sur la liste positive. »

Les produits actuellement disponibles ne disposent pas d'une autorisation de mise sur le marché parce qu'ils n'ont pas les composants nécessaires pour être considérés comme médicament.

Il s'ensuit que faute d'autorisation de mise sur le marché pour les produits visés, les vaporisateurs nécessaires pour l'utilisation du cannabis à usage médical ne peuvent pas non plus être pris en charge par l'assurance maladie.

ad 3) L'utilisation du cannabis médical vient d'être élargie récemment. En effet, le règlement grand-ducal du 29 avril 2022 modifiant le règlement grand-ducal du 21 août 2018 déterminant les modalités de prescription et d'accès à l'usage de cannabis à des fins médicales, ainsi que le contenu et la durée de la formation spéciale pour les médecins, la prescription du cannabis médical est réservée aux patients souffrant de :

- pathologies chroniques graves qualifiées d'affections de longue durée visées à l'article 19bis, alinéa 1<sup>er</sup>, du Code de la sécurité sociale, en phase avancée ou terminale, entraînant des douleurs chroniques sévères et invalidantes n'ayant pas répondu aux traitements médicamenteux ou non disponibles ;
- maladies cancéreuses, autres que celles visées au premier tiret, traitées par une chimiothérapie induisant des nausées ou des vomissements ;
- sclérose en plaque accompagnée de la spasticité musculaire symptomatique.

Le Gouvernement ne s'oppose pas à un élargissement de l'utilisation du cannabis médical à d'autres indications thérapeutiques à condition que celles-ci soient scientifiquement fondées.

### Prix du lait | Question 6288 (02/06/2022) de M. Gilles Baum | M. Gusty Graas (DP)

An der Press konnt ee kierzlech liesen, datt sech fir dese Summer eng staark Präishausse vun de d'Mël-lechproduiten erwaart gëtt.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wälbau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Prozent vun der Mël-lech, déi hei verkaf gëtt, gëtt zu Lëtzebuerg produzéiert (opgedeelt a konventionell a Biomël-lech)?
2. Wéi vill Prozent vun der Mël-lech, déi hei produzéiert gëtt, gëtt an d'Ausland exportéiert (opgedeelt a konventionell a Biomël-lech)?
3. Wat sinn d'Ursaache vun der erwaarter Präishausse bei de Mël-lechproduiten?
4. Wéi vill kritt de Bauer momentan fir ee Liter Mël-lech (opgedeelt a konventionell a Biomël-lech)?
5. Wäerten d'Bauern och vun deser Präishausse profitieren?
6. Kann ee fäerten, datt, wann d'Präisser vun de Mël-lechprodukte klammen, d'Consommation erofgoe wäert?

**Réponse commune (05/07/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie**

Am Joer 2021 gouf méi wéi d'Hallschent vun der nationaler Produktioun vu Koumël-lech als Frëschmël-lech vum Haff oder als ontransforméiert Frëschmël-lech exportéiert.

D'Filière vun der bio Mël-lech kennt änlech Maartproblemer wéi de konventionelle Mël-lechsektor. Staark Konkurrenz vu präisgëschtegen auslännesche Mël-lechprodukter bei eis um Maart an op där anerer Säit héich administrativ Hürden an eisen Nopeschlänner, fir bio Frëschmël-lech vun eise Molkereien exportéieren ze kënnen, bis hin zur Schléissung vum Maart fir bio Mël-lech.

<sup>9</sup> García-Peñas JJ et al. Cannabidiol for the treatment of Lennox-Gastaut syndrome and Dravet syndrome: experts' recommendations for its use in clinical practice in Spain. Rev Neurol. 2021 Sep 10;73(S01): S1-S8.

<sup>10</sup> Verma R et al. Cannabis, a Miracle Drug with Polyvalent Therapeutic Utility: Preclinical and Clinical-Based Evidence. Med Cannabis Cannabinoids. 2021 May 21;4(1): 43-60.

<sup>11</sup> Naftali T. An overview of cannabis based treatment in Crohn's disease. Expert Rev Gastroenterol Hepatol. 2020 Apr;14(4): 253-257.

<sup>12</sup> Berger AA. Cannabis and cannabidiol (CBD) for the treatment of fibromyalgia. Best Pract Res Clin Anaesthesiol. 2020 Sep;34(3): 617-631.

<sup>13</sup> Khan R et al. The therapeutic role of Cannabidiol in mental health: a systematic review. J Cannabis Res. 2020 Jan 2;2(1): 2.



Dësen Tableau vum Statec gëtt eng Iwwersiicht iwwert d'Evolution déi lescht Jore vun den Exporter vu Lëtzeburger Mëlch (konventionell a bio Mëlch) vum Libellé Lait et crème de lait, non concentrés ni additionnés de sucre ou d'autres édulcorants, en valeur (1.000 €), en volume (kg) a Valeur unitaire (€/kg).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

D'Molkerei sinn den Ament staark betraff vun de méi héijen Energiekäschten, awer och d'Verpakungskäschte si méi deier ginn. D'Loun- an aner Niewekäschten droen och nach zu méi héijen Ausgabe bäi. Als Genossenschaft wëssen d'Molkereien natierlech och gutt Bescheid, datt Dünger- a Futterkäschten, fir nëmmen déi wichtegst ze nennen, op de Bauerebetriber staark gekomme sinn, a si mussen de Produzenten deemno och méi bezuelen, fir datt déi weider produzéiere kënnen. Dat alles zesumme mécht, datt d'Mëlchproduiten och mussen méi deier ugebuede ginn.

Déi detailléiert Ausbezielungspräisser vun der Molkerei un de Bauer ginn um Internetportal vum Landwirtschaftsministère publizéiert. Den duerchschnëttleche Mëlchpräis (konventionell a bio zesummen) ouni TVA louch de Mee bei 47,97 ct pro kg Mëlch. Dee Präis kéint de Juni op iwwer 49ct/kg klammen.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Momentan gesäit et ganz duerno aus, datt den Ausbezielungspräis vun der Molkerei un de Bauer weider klëmmt. Déi monatlech Publikatioun vun dese Präisser um Internetportal vum Landwirtschaftsministère erméiglecht et, den aktuelle Stand vun der Entwécklung ze verfollegen. Monatliche Milchstatistik – Agrarstatistik – Landwirtschaftsportal – Luxembourg ([public.lu](http://public.lu)).

Duerch déi staark gestige Präisser vun de Produktionsmëttel wéi Energie, Futtermëttel an och Dünger klammen d'Käschte fir d'Produktioun vun der Mëlch och staark un. Ob d'Bauern elo profitéiere wäerten oder ob d'Haussen op der Mëlch net duerginn, fir déi gestige Produktionskäschten ze decken, kann eréischt um Enn vum Geschäftsjoer jee weils järelech beurteelt ginn.

Et ass den Ament nach ze fréi, fir Schlussfolgerungen ze zéien, wéi eng Konsequenzen d'Deierecht vun de Mëlchproduiten op d'Consommation wäert hunn.

#### Risques de fumer la chicha | Question 6289 (02/06/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

D'Shisha-Fëmmen gëtt ëmmer méi populär. An engem Interview mam „Télécran“ vum 1. Juni 2022 („Im Grunde eine Katastrophe“) weist d'Directrice vu „Fondation Cancer“ drop hin, datt 2021 net manner wéi 34 % vun de Jugendlechen tëscht 16 a 24 Joer Shisha gefëmmt hunn.

D'Waasserpäif gëtt vu ville Leit als „gesond Alternativ“ zur traditioneller Zigarette duergestallt. Gesondheits-Experte warnen awer virun de gesondheetsschiedleche Konsequenze vun Shisha-Fëmmen. Effektiv gëtt beim Shisha-Fëmmen net nëmme méi déif, mee och méi oft an iwwer ee méi laangen Zäitraum inhaléiert wéi bei Zigaretten. De Professor Dr. med. Wulf Pankow, Expert vun der Däitscher Gesellschaft fir Pneumologie a Beootmungsmedizin e. V. (DGP), warnt an engem Interview: „Laut unseren Recherchen sind mindestens 82 schädliche Substanzen in den Shisha-Mischungen – darunter befinden sich 27, die Krebs erzeugen oder im Verdacht stehen, Krebs zu erzeugen. Dazu kommen giftige Metalle, Kohlenmonoxid und lungengängige

Partikel.“ (Quell: <https://www.ikk-classic.de/gesund-machen/leben/shisha-rauchen>)

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsminister:

1. Wat mécht d'Regierung, fir virun de Gefore vum Shisha-Fëmmen ze warnen? Gëtt Preventiounsarbeit geleescht, fir Jugendlecher virun deem Trend ze warnen?

2. Leien der Regierung Zuele vir, wat den aktuelle Shisha-Konsum zu Lëtzebuerg ugeet? Wa jo, wéi verdeelt sech dese Konsum op déi verschidden Altersgruppen?

3. Wéi gëtt d'Shisha-Fëmmen zu Lëtzebuerg taxéiert?

**Réponse commune** (04/07/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

ad 1. D'Shisha ass een Tubaksprodukt an ënnerläit dem Antitubakgesetz. All Mesurë vun deem Gesetz, déi sech op Zigaretten applizéieren, sinn deemno och fir d'Shisha applikabel:

– et ass verbueden, do Shisha ze fëmmen, wou d'Gesetz e Fëmmverbuet virgesäit, e. a. an oppene Sportseenteinen, wou Kanner ënner 16 Joer Sport maachen, souwéi op Spillplazen;

– et ass deemno och verbueden, am Auto Shisha ze fëmmen, wann ee Kand ënner 12 Joer am Auto ass;

– d'Vente vu Shisha-Tubak oder Shisha-Produiten u Mannerjäreger ass verbueden;

– All Form vu Vente à distance, d. h. de Verkaf vu Shisha-Tubak iwwert den Internet ass verbueden.

E Fëmmverbuet gëllt och an den Débits de boissons (Café, Baren, Restaurants etc.), deemno applizéiert sech dat och fir d'Shisha-Baren. Wann de Propriétaire vun enger Shisha-Bar et erlabe wëllt, a sengem Etablissement ze fëmmen, muss hien eng Autorisatioun fir ee Fumoir ufroen. Just am Fumoir dierf Shisha gefëmmt ginn. Wann de Fumoir no enger Kontroll vun der Gesondheitsdirektioun feststellt, datt d'Critères alleguerten erfëllt sinn (e. a. dierf an engem Fumoir weder Iessen nach Gedränk zerkéiert ginn), stellt de Gesondheitsministère eng Autorisatioun aus.

All Form vu Publicitéit fir een Tubaksprodukt ass verbueden, ausser um Point de vente selwer: Dëst applizéiert sech och op d'Shisha-Produkte. Um Point de vente dierf keng Publicitéit gemaach ginn, déi gezielt op déi Jonk ausgerichtet ass.

All dës Mesurë sollen den Zougang zu Tubaksprodukter fir Jugendlecher erschwéieren, den Akt vum Fëmmen denormaliséieren an déi Jonk virum Passivrauch schützen.

D'Gesondheitsdirektioun lancéiert doriwwer eraus reegelméisseg Preventiounscampagnë géint den Tabagismus a géint all Form vum Tubaksprodukt a rapeléiert och reegelméisseg d'Gefore vum Tubak, dëst ënner anerem bei der „Journée internationale contre le tabac“ den 31. Mee. Preventiouns-Brochuren, – Deplianten an – Affichë ginn och gratis zur Verfügung gestallt. Ënner [www.sante.public.lu](http://www.sante.public.lu) gi reegelméisseg Informatiounen iwwert d'Gefore vum Tubak fir all Altersgrupp publizéiert.

ad 2. Fir d'Joer 2021 goufen zu Lëtzebuerg Akzisen op 14.768 kg Shisha-Tubak bezuelt. Fir déi éischt fënnf Méint vun deem Joer si bis elo Akzisen op 3.315 kg bezuelt ginn.

Wéi sech dës Quantitéiten op déi eenzel Altersgruppe verdeelen, ass net méiglech nozevollzéien. D'Vente u Mineuren ass allerdéngs vum Gesetz hier verbueden. Genee Statistiken iwwert d'Altersgruppen, d'Definitioune vu Fumeur oder Fumeur occasionnel fir d'Shisha wäerten ab 2023 disponibel sinn. Gegebenenfalls

wäert d'Präventiounsstrategie och op Basis vun dese Statistiken adaptéiert ginn.

ad 3. D'Shisha gëtt als „autres produits de tabac“ besteeiert. Dat sinn aktuell 34,25 % „droit d'accise ad valorem“ an 19,50 Euro/kg „droit d'accise spécifique“ a 17 % TVA.

#### Impact de l'interdiction de la chasse au renard | Question 6290 (02/06/2022) de M. Fred Keup | M. Jeff Engelen (ADR)

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 2314 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen huet déi deemoleg Madamm Ëmweltminister iwwert d'Auswirkung vum Verbuet vun der Fuussejuegd op d'Biodiversitéit ënner anerem dat hei geschriwwen: „Well allgemeng bekannt ass, dass Buedem- a Wäsebréier am Oppeland virun allem duerch d'Zerstéierung, d'Veraarmung an d'Zerschneidung vun natierleche Liewensraim verschwonne sinn, eriwwege sech grouss an deier Detailanalysen an Iwwerpräiwungen.“ D'Regierung ass also hei vu bestëmmten Hypotheesen, awer net vu wëssenschaftleche Beweiser ausgegangen. Weider huet déi deemoleg Madamm Minister op déi genannte Fro geschriwwen, datt d'Entwécklung vun der Fuussepopulatioun duerch Wëldkamerae erfaasst géif. Wéi de 27. Mee am „Lëtzeburger Wort“ ze liese war, ginn d'Wëldkameraen awer haaptsächlech fir d'Iwwerwaachung vu Wëldkazen, Marder an dem Iltis, awer kaum fir d'Fiiss agesat. Am Bezuch op d'Prevalenz vum Fuussebandwurm heescht et am selwechten Artikel schliisslech, datt Lëtzebuerg déi vun der WHO recommandéiert Standarden zu der Examinatioun net erfëllt.

An deem Zesammenhang géife mir der Madamm Ëmweltminister gär dës Froe stellen:

1. Wéi reagéiert d'Madamm Minister op déi am Artikel opgefouert Mëssstänn bei der Auswärtung vum Verbuet vun der Fuussejuegd?

2. Gesäit d'Madamm Minister an noer Zukunft eng wëssenschaftlech Begleedung vum Verbuet vun der Fuussejuegd an eng Evaluatioun vun hirer Auswirkung op d'Biodiversitéit vir? Falls net, firwat net?

3. Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob a falls jo, wéi vill Ufroen um internationale Fuerschungsinstitut sät dem Erlooss vum Verbuet zu der Fuussejuegd bei der Ëmweltverwaltung agaange sinn, fir d'Auswirkung vum der lëtzebuergescher Decisioun wëssenschaftlech ze ënnersichen?

4. Wéi reagéiert d'Madamm Minister op d'Kritik, datt de Fuussebandwurm zu Lëtzebuerg net no deene vun der WHO recommandéierte Standarden ënnersicht gëtt? Gesäit d'Madamm Minister eng verstärkt Kooperatioun mat eisen Nopeschlänner vir, falls eng Erweiderung vun eisen nationale Kapazitéite kuerzfristeg net méiglech wier?

**Réponse commune** (05/07/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Dee vum honorabelen Deputéierten zitéierte Saz aus der Äntwert zur parlamentarescher Fro N° 2314: „Well allgemeng bekannt ass, dass Buedem- a Wäsebréier am Oppeland virun allem duerch d'Zerstéierung, d'Veraarmung an d'Zerschneidung vun natierleche Liewensraim verschwonne sinn, eriwwege sech grouss an deier Detailanalysen an Iwwerpräiwungen“, ass aus dem Gesamtkontext gerappt a gëtt just een Deel vun den Informatiounen erëm.



D'Ursach vum Réckgang vum de Buedem- a Wisebréier ass genuch ënnersicht a publizéiert, fir d'Ausso ze treffen, datt den Habitatverloscht an d'Habitatverännerungen als Haaptursach nogewise sinn a scho laang virem Verbuet vum der Fuussejuegd stattfonnt hunn. All dës Informatiounen, Ënnersichungen a Publikatiounen sinn och an den obligatoreschen Reporting, laut dem Artikel 12 vum der Vullschuttsrichtlinn, un déi europäesch Kommissioun gefloss.<sup>14</sup>

Domat huet d'Regierung sech notament am Kader vum Reporting, wéi och an der parlamentarescher Fro, net op Hypothese beruff, wéi dat hei an der parlamentarescher Fro avancéiert gëtt, mee op Fakten, Ënnersichungen, Publikatiounen asw.

ad 2. Nee. Ech verweisen op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 2314 vum 2020 vum éierewäerten Deputéierten Här Jeff Engelen.

Par contre gi momentan Reflexiounen gefouert, wéi ee standardiséierte Monitoring zum Fuuss kéint agefouert ginn, wëssend datt am Kader vum anere Monitoring-Programmer och Fiiss mat enregistriert ginn.

ad 3. Et sief drop opmierksam gemaach, dass d'Ëmweltverwaltung (Administration de l'environnement, AEV) an d'Naturverwaltung (Administration de la nature et des forêts, ANF) zwou verschidde Verwaltungen sinn. Ech ginn dovunner aus, dass déi honorabel Deputéiert an hirer Fro d'Naturverwaltung mengen.

Der Naturverwaltung ass keng esou eng Ufro bekannt.

ad 4. D'Method vum „grattage intestinal“ (Intestinal Scraping Technique, IST) gouf vum der OMS als Standardmethod fir d'Detektioun vum Fuussebandwurm (Echinococcus multilocularis) 1984 opgestallt (Eckert et al., 1984).

Dës Method gëtt agesat zanter 2001 fir d'Iwwerwachung vum de Fiiss zu Lëtzebuerg. Während déi Analyse vum 2001-2014 am „Untersuchungsinstitut für Veterinärmedizin, Lebensmittelhygiene und Molekularbiologie“ vu Saarbrücken duerchgefouert goufen, ginn dës Analysen zanter 2015 am Veterinärlaboratoire (Laboratoire de médecine vétérinaire de l'État) duerchgefouert.

Den däitschen nationale Referenzlaboratoire (Friedrich-Löffler-Institut) proposéiert d'Analys IST (<https://www.fli.de/de/publikationen/amtliche-methodensammlung/>, Dokument vum 01/10/2021). Fir kënnen d'Resultater iwwer Jore mateneen ze vergläichen, gouf ëmmer déi selwecht Analysmethode ugewannt.

Falls eis national Analyskapazitéiten net duergoe géifen, géife mir selbstverständlech verstärkt op d'Kooperatioun mat Laboren am Ausland (z. B. Saarbrücken) setzen, mee fir de Moment stellt déi Fro sech net.

#### Étude dans le cadre de l'interdiction de la chasse au renard | Question 6291 (02/06/2022) de M. Fred Keup | M. Jeff Engelen (ADR)

Am Artikel „Eine Fuchsstudie und ihre Folgen“, deen de 27. Mee am „Lëtzebuurger Wort“ publizéiert gouf, heescht et, datt den Ëmweltministère mat dem Auteur vun enger franséischer Etude, déi sech mat der Auswirkung vum der Fuussejuegd befaasst huet, zu der Interpretatioun vu senger Resultater iwwer Kräiz läit. Den Auteur reprochéiert der Regierung eng „interprétation abusive en prétendant que la chasse faisait augmenter la prévalence“. Sou wéi et am Artikel

heescht, huet den Ëmweltministère sech an insgesamt zwee Bréiwer un de franséische Landwirtschaftsministère adresséiert, fir säi Mëssfallen iwwert dës Interpretationsdivergenzen auszudrücken. Dëst, well dovun ausgaange gouf, datt et sech beim genannten Auteur ëm e Beamte vum der franséischer Regierung gehandelt hätt, wat awer tatsächlech net de Fall war. Trotzdem ass dës Schratt vum der Regierung fir den Auteur net ouni Konsequenze bliwwen. Déi franséisch Regierung huet der „entente de lutte et d'intervention contre les zoonoses“, där de Mann ugehéiert, déi finanziell Ënnerstëtzung entzunn, wat sech och nodee-leg op déi wëssenschaftlech Aarbecht auswirkt.

An deem Zesummenhang géife mir der Madamm Ëmweltminister gären dës Fro stellen:

– Wéi reagéiert d'Madamm Minister op déi am „Lëtzebuurger Wort“ duergestallte Mëssstänn? Gesäit d'Madamm Minister heiran en Agrëff an déi wëssenschaftlech Fräiheet? Falls net, firwat net?

**Réponse (05/07/2022) de Mme Joëlle Welfring,** Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Et ass wichteg, de Sachverhalt an domat den Inhalt vum de Bréiwer ze erklären. An de Bréiwer vum der Naturverwaltung (ANF) un de franséische Landwirtschaftsministère zu Paräis gouf d'Fro opgeworf, wéi et méiglech wier, dass ee Coauteur vun engem wëssenschaftlechen Artikel d'Resultater vun eebenen deem Artikel, deen e jo selwer validéiert huet (duerch de Fait, dass hien acceptéiert huet, Coauteur ze ginn), ëffentlech contestéiert, esou wéi dat op enger Presentatioun zu Lëtzebuerg vum Artikel, déi den Haaptauteur gemaach huet, geschitt ass.

Ech hu keng Kenntnis driwwer, ob déi franséisch Regierung der „entente de lutte et d'intervention contre les zoonoses“ déi finanziell Ënnerstëtzung entzunn huet. Gläichzäitig ass awer dovunner auszegoen, dass eng souverän Regierung net esou eng Decisioun op Basis vu Bréiwer vun enger auslännescher Verwaltung géif huelen, mee hir eege Begrënnungen an Argumenter huet, dëst ze maachen.

Et ass op alle Fall vu Säite vum der ANF keen Agrëff an déi wëssenschaftlech Fräiheet gemaach ginn. De MECDD an d'ANF leeën vill Wäert op Wëssenschaftlechkeet a soumat och op d'Fräiheet vum der Wëssenschaft. Et sief dobäi gesot, dass d'ANF sech hiren am Bulletin technique Nr. 7 (S. 30-31) publizéierte Résumé vum der besotter Etüd vum Haaptauteur vum der Etüd schrëftlech confirméiere gelooss huet.

#### Aides aux entreprises dans le cadre de l'engagement des stagiaires | Question 6292 (02/06/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Sou wéi et mir zougedroe gouf, soll d'Ënnerstëtzung fir Entrepreneuren, déi kuerzzäitig Stagë vun enger bis zéng Wochen ubidden, zënter 1996 net méi ugehewe gi sinn.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gären dës Fro stellen:

1. Kann d'Regierung dat confirméieren? Falls jo, wéi ass déi Decisioun motivéiert?

Falls net, wéini goufen déi genannten Hëllef fir d'lescht ugepasst? Goufen déi Ënnerstëtzungen indehéiert?

2. Plangt d'Regierung eng Upassung vum de finanziellen Ënnerstëtzungen oder aneren Hëllef fir d'Entrepreneuren, déi Stagen offéieren?

**Réponse commune (05/07/2022) de M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. Franz Fayot,** Ministre de l'Économie | **Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances

ad 1. Et gëtt eng finanziell Ënnerstëtzung fir Entrepreneuren, déi Schülerinnen a Schüler an de Stage huelen. Dëst geet aus dem groussherzogleche Règlement vum 13. Mee 1996 (Règlement grand-ducal du 13 mai 1996 déterminant le contenu du contrat de stage de formation en entreprise des élèves de l'enseignement secondaire technique ainsi que le montant de l'aide particulière à verser aux entreprises qui prennent en stage des élèves) ervir.

De Montant beleeft sech op 247,89 Euro pro Mount, respektiv 371,84 Euro fir 6 Woche Stage oder nach 619,73 Euro fir 10 Woche Stage.

Déi finanziell Ënnerstëtzung vum de Spideeler a Fleegeheimer, déi eng Konventioun mam Lycée technique pour professions de santé (LTPS) hunn, ass indexéiert, esou wéi et am Protocole d'accord tëscht der Caisse nationale de santé (CNS) an der Fédératioun COPAS preziséiert ass (Protocole d'accord signé en exécution de l'article 395 du Code de la sécurité sociale, conclu entre – la Caisse nationale de santé agissant en sa qualité d'organisme gestionnaire de l'assurance dépendance, d'une part, – et la Fédération COPAS ASBL, agissant en sa qualité de groupement professionnel des établissements d'aides et de soins à séjour continu au sens de l'article 390 du Code de la sécurité sociale, d'autre part).

Déi finanziell Ënnerstëtzung fir déi edukativ Ariichtungen ass duerch eng Konventioun gereegelt, déi um groussherzogleche Règlement vum 2009 baséiert (Règlement grand-ducal du 22 juillet 2009 déterminant le contenu de la convention de stage de pratique professionnelle des élèves du régime technique de l'enseignement secondaire technique du lycée technique pour professions éducatives et sociales ainsi que le montant de l'aide particulière à verser aux institutions qui prennent en stage des élèves). Dës Ënnerstëtzung ass net indexéiert an ass zanter dem Schouljoer 2009/2010 onverännert.

ad 2. D'Regierung plangt de Moment keng Ännerung vum dësen Modalitéiten.

#### Centres de compétences | Question 6295 (03/06/2022) de Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)

Mat Bezuch op meng Question élargie Nr. 105 zu de Kompetenzzentren, déi an der 64. ëffentlecher Sëtzung vum der parlamentarescher Sessioun 2020–2021 den 1. Juli 2021 op der Dagesuerdnung stoung, a wou den Här Minister mer gesot huet, e géif mer nach Detailler noschécken, géif ech dem Här Minister gären folgend Fro stellen:

1. Gëtt et Demandë vu Kanner mat spezifesch Besoin fir Plazen a Kompetenzzentren, deenen den Educatiounsministère net direkt nokomme kann? Wa jo, wéi vill? Wa jo, wou gi Kanner, déi vum der Nationaler Kommissioun fir Inclusioun a Kompetenzzentren placéiert ginn, an deem Fall ënnerbruecht?

2. Wéi ass de Personalschlüssel an de Kompetenzzentren?

3. Sinn dës Poste fir d'Rentrée 2022/2023 all besat?

**Réponse (05/07/2022) de M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Viroop wéilt ech bemierken, datt den nationalen Dispositif hisichtlech der Prise en charge vu Schüler mat spezifesch Besoinen, zu deem och

<sup>14</sup> <https://nature-art12.eionet.europa.eu/article12/report?period=3&country=LU>



d'Kompetenzzentere gehéieren, an éischter Linn ëmmer dorëms beméit ass, fir inklusiv Léisungen en place ze setzen, wat de Beschoulungsuert fir dat jee-weilegt Kand oder Jonke betrëfft.

Dat erkläert dann och, firwat Lëtzebuerg säit Joren ënner 1 % läit, wat den Undeel u Schüler ugeet, déi net an der Reegelschoul beschoult ginn, mee vun enger spezialisierter Beschoulung profitéieren. Deemno besichen zur Zäit méi wéi 99 % vun de Schüler aus Lëtzebuerg eng Grondschoul oder e Lycée.

An eenzele Fäll stellt et sech awer eraus, dass eng spezialiséiert Beschoulung (Scolarisation spécialisée) fir d'Kand oder de Jonken déi beschtméiglech Prise en charge ass. Sou gesäit d'Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwert d'Schaffung vu spezialiséierte Kompetenzzentren ënner anerem d'Méiglechkeet vir, den Elteren eng spezialiséiert Beschoulung an engem Kompetenzzentrum fir hiert Kand unzébidden. Dës awer eréischt, nodeems déi national Inklusiounskommissioun (Commission nationale de l'inclusion – CNI) am Kader vun hirer Evaluatioun zu dëser Konkursioun komm ass.

D'Gesetz vum 20. Juli 2018 verlaangt, dass all Demande, déi eng spezialiséiert Prise en charge duerch e Kompetenzzentrum, an dat onofhängeg, ob et sech heibäi ëm eng ambulante Prise en charge oder eng Beschoulung an enger Klass vun engem Kompetenzzentrum handelt, individuell vun der CNI analyséiert an traitéiert gëtt. Heibäi sinn et déi spezifesch Situatioun an den Interêt vum eenzele Schüler, déi entscheeden, wéi eng Moossname respektiv wat fir ee Beschoulungsuert d'CNI als dee beschteegeststen zeréckbehält.

Fir dass déi jeeweileg Kompetenzzentren dës Moossnamen entspreche der Decisioun vun der CNI a mam Averstännis vun den Elteren et ëmsetze kënnen, gesäit d'Gesetz vum 20. Juli 2018 fir all Kompetenzzentrum dann e Kontingent vir, wat de Bedarf u Personal ugeet. Den Detail fir all Kompetenzzentrum gëtt eenzel duerch e groussherzoglecht Reglement gereegelt. De Prinzip ass deem, dass d'Zuel vun de Schüler, déi de Kompetenzzentrum en charge huele soll, och d'Zuel u Matarbechter bestëmmt, déi de Kompetenzzentrum braucht, fir dës Prise-en-charge an adäquat kënnen ze assureieren. Et gëtt also keng Logik vu limitéierte Plazen, wéi een se aus anere Kontexter kennt. Villméi entwéckelt sech d'Personalstruktur vun dem Kompetenzzentrum mat der Unzuel u Schüler, déi ee betreit.

Dës nei Approche vun engem Kontingent a präzise Betreierungsschlüsselen huet ënner anerem dozou gefouert, dass säit dem Akraafttriede vum Gesetz vum 20. Juli 2018, eleng fir d'Kompetenzzentren 387,75 nei Poste geschafe goufen.

ad 2. De genaue Betreierungsschlüssel (Taux d'encadrement) variéiert fir déi verschidde Kompetenzzentren, jee nodeems, ob si exklusiv ambulante Prise-en-charge ubidden oder awer nieft enger ambulanter och eng Beschoulung an eegene Klassen ubidden, ewéi och mat Hëllef op den Typ vu spezifesch Besoinen, déi d'Schüler opweisen, an den domat verbundene Betreierungsbedarf. Dës Taux d'encadrement variéiert deemno tëscht enger ganz enger Betreierung vun engem Matarbechter op zwee Schüler, wéi zum Beispill bei Schüler mat komplexen a kierperlech-motoreschen Beanträchtegungen (CDM) oder mat Stéierungen am Autismus-Spektrum (CTSA), bis hin zu engem Encadrement vun engem Enseignant op 20 Schüler bei Léierstéierungen (CDA) oder enger Héichbegabung (CEJHP). Den Detail ass wéi schoons uewe beschriwwen fir all Kompetenzzentrum an engem spezifesch groussherzogleche Reglement gereegelt. D'Basis fir déi jeeweileg Betreierungsschlüsse bilden dobäi déi international

Standarden, wéi se am Beräich vun der Prise en charge vu Kanner a Jonke mat spezifesch Besoinen üblech sinn.

ad 3. Eleng fir d'Joer 2022 goufe 40 Poste fir d'Kompetenzzentren kreéiert. Aktuell ass de Recrutement heifir nach amgaangen, ma et konnte bis ewell scho fir 38 Poste Kandidaten identifizéiert ginn. Deemno deit et sech un, dass fir d'Rentrée vum Schouljoer 2022/2023 all Posten an de Kompetenzzentren wäerte kënnen besat ginn.

### **Jour de congé dans l'enseignement dans le cadre de la procession dansante d'Echternach** | Question 6297 (03/06/2022) de M. Fred Keup (ADR)

D'Iechternacher Sprangpressessioun gëtt all Joer op Päischtdänschdeg zu Iechternach ofgehalen an ass zënter 2010 op der Unesco-Lëscht vun immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet. De Lëtzeburger Staat ass dann och duerch eng Unesco-Konventioun verpflichtet, fir all noutwendeg Moossnamen ze ergreifen, fir d'Sprangpressessioun ze erhalen an ze schützen. Allerdéngs gouf a gëtt vum Willibrordus-Bauveräin a vu ville weidere Bierger a Veräiner dem Minister de Virwurf gemaach, dass en sech net géif un dës Unesco-Konventioun halen, well de schoulfräie Péngschtänschdeg 2018 vum Minister ofgeschaaft gouf. Zënter deem si just nach d'Schüler aus dem Iechternacher Lycée fräigestallt, déi aner Schüler aus dem Land hunn deem Dag awer d'Recht, an der Schoul ze feelen, wa si eng Entschëllegung virweisen. An engem „Tageblatt“-Artikel vum 28. Mee 2018 gëtt den Här Minister esou zitéiert: „Jeder, der springen gehen will, darf das auch tun“, sagte Meisch - und das sei auch gut so.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Fro stellen:

– Huet och d'Léierpersonal, a besonnesch déi betraffe Persounen, déi aus dem Raum Iechternach stamen oder do wunnen, d'Recht; fir op Péngschtänschdeg un der Sprangpressessioun deelzehuelen, och dann, wann deem Dag Schoul ass? Huet d'Léierpersonal also d'Méiglechkeet, fir déi eventuell Schoulstonnen op engem Péngschtänschdeg fräigestallt ze ginn, fir un der Sprangpressessioun deelzehuelen?

**Réponse** (04/07/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Wat d'Méiglechkeet fir d'Schoulpersonal betrëfft, un der Sprangpressessioun deelzehuelen, sou muss een ënnerscheeden, ob et sech dobäi ëm eng Participatioun am Kader vun engem Schoulprojet oder ëm eng privat Initiativ handelt.

A menger Instruktioun vum 5. Mee 2022 hunn ech geschriwwen: « Dans le but de sensibiliser les élèves aux valeurs culturelles locales, une semaine du patrimoine luxembourgeois est fixée du 6 au 10 juin 2022. La procession dansante, qui figure depuis 2010 sur la liste représentative du patrimoine culturel immatériel de l'humanité, s'inscrit incontestablement dans un tel projet. Si des enseignants d'une école ou d'un lycée se portent organisateurs, la participation à la procession dansante est à considérer comme activité scolaire (...). » En Enseignant, deem also mat senger Klass un der Sprangpressessioun wëllt deelzehuelen, kann dat maachen an ass während där Zäit vu sengem Unterrecht fräigestallt.

Wat d'Participatioun op reng privater Basis betrëfft, sou kann den Enseignant net fräigestallt ginn. Mam Accord vum Direkter ass et awer méiglech, un der Pressessioun deelzehuelen, wann den Enseignant seng Unterrechtsstonnen nohëlt. Fir dass keen Unterrecht

ausfällt, kënnen zum Beispill Enseignant hir Stonnen tauschen.

### **Sacred Heart University (SHU) | Question 6298** (03/06/2022) de Mme Octavie Modert (CSV)

Nous avons appris en mai que la Sacred Heart University (SHU) allait fermer son campus au Luxembourg au 1<sup>er</sup> juillet 2022 pour se concentrer sur une offre de cours exclusivement en ligne pour ses étudiants luxembourgeois. D'après la presse, cette décision n'est pas liée au manque d'inscriptions, mais simplement à la volonté de promouvoir l'enseignement numérique. Cette décision de la SHU a par ailleurs été prise à brève échéance, ce qui complique davantage les choses pour les étudiants qui n'ont pas eu la possibilité de se préparer à cette situation changée.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

– Comme la SHU ne délivre pas de diplômes luxembourgeois, l'université et le ministère ne sont pas liés par une convention quelconque. Cela aurait pu poser problème pour les élèves qui souhaitent poursuivre leurs études dans une autre institution au Luxembourg. D'après certains articles de presse, la Luxembourg School of Business (LSB), qui propose un cursus similaire, serait cependant prête à accueillir les étudiants de la SHU.

- Est-ce que Messieurs les Ministres sont informés de la situation et peuvent confirmer que la LSB va bien prendre en charge les étudiants de la SHU qui souhaitent poursuivre leurs études au Luxembourg ?
- Est-ce que Messieurs les Ministres peuvent indiquer combien d'étudiants seraient concernés par un tel transfert ?

– La situation est particulièrement inquiétante pour les étudiants ressortissants de pays tiers qui sont au milieu de leurs études ou qui viennent de les commencer. En effet, ils pourraient ne plus avoir accès à un visa étudiant, puisqu'il faut à priori avoir le statut d'étudiant à temps plein dans un établissement d'enseignement supérieur au Luxembourg. Quelle solution le Gouvernement envisage-t-il d'apporter à ces étudiants ?

**Réponse commune** (01/07/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche | M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, Ministre de l'Immigration et de l'Asile

Le Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche n'a pas été informé officiellement de la fermeture abrupte du campus par la Sacred Heart University en amont, mais seulement de manière incidente par différents courriels d'employés et d'étudiants du site luxembourgeois.

Ainsi, la décision de fermeture du campus luxembourgeois de la Sacred Heart University est une décision unilatérale prise par un opérateur privé étranger délivrant un diplôme états-unien. Malgré cela, le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche a adressé de suite un courrier à la Sacred Heart University afin de demander des éclaircissements quant aux raisons de cette fermeture et des informations sur les conséquences pour les étudiants concernés. Des échanges à ce sujet étant toujours en cours, il n'est pas encore possible de donner des informations définitives quant à l'issue de cette missive.

Selon des informations préliminaires obtenues par la Sacred Heart University, la fermeture du campus luxembourgeois concernerait un total de 27 étudiants.



Concernant une éventuelle « reprise » des étudiants de la Sacred Heart University par la Luxembourg School of Business (LSB), il doit être précisé qu'une telle « reprise » reste une décision autonome entre deux personnes (morales) privées, et échappe de ce fait à l'intervention directe des pouvoirs publics.

Parallèlement, les services compétents de la Direction de l'immigration ont été contactés par le Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche en vue de se concerter sur l'impact de cette décision de fermeture et sur les démarches à prendre par rapport aux étudiants, ressortissants de pays tiers, résidant au Luxembourg sur base d'un titre de séjour étudiant, en vue de la poursuite de leur parcours académique. Dans ce contexte, la Direction de l'immigration prendra en compte la situation individuelle de chaque étudiant concerné, afin d'assurer la continuité du parcours académique.

### Thérapies de conversion | Question 6301 (03/06/2022) de Mme Djuna Bernard (déi gréng)

Les thérapies de conversion, proposées par des groupes religieux ou encore par des professionnels de santé, sont des pratiques visant à modifier l'orientation ou l'identité sexuelle d'une personne. Il s'agit d'un phénomène qui est susceptible de provoquer de graves souffrances auprès des personnes concernées et qui existe dans de nombreux pays européens, y compris des pays voisins du Grand-Duché.

Afin de lutter contre ces thérapies de conversion, les pays voisins ont introduit des provisions dans leurs législations nationales. Ainsi en Allemagne où la loi intitulée « Gesetz zum Schutz vor Konversionsbehandlungen » du 12 juin 2020 interdit de « traiter » des mineurs et de faire toute forme de publicité pour ce genre de thérapie. Afin de pouvoir aider les personnes ayant subi des dommages à la suite d'une telle thérapie, une ligne téléphonique va y être installée. En France, la loi du 31 janvier 2022 a créé une nouvelle infraction pénale interdisant toute pratique destinée à « guérir » quelqu'un de son orientation sexuelle ou de son identité de genre.

Une résolution adoptée en mars 2022 par le Parlement européen appelle les États membres à créer des infractions pénales réprimant les thérapies de conversion. Néanmoins, le Grand-Duché du Luxembourg ne dispose toujours pas d'une législation en la matière. Dans la réponse commune de Monsieur le Ministre des Cultes, Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale et Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration à la question parlementaire n° 1073, Messieurs et Madame les Ministres expliquent qu'aucun indice porte à croire que de telles thérapies soient proposées au Luxembourg ou que des personnes présentes sur le territoire du Grand-Duché aient recours à des offres étant en place dans les pays voisins. Un comité chargé de réaliser le LGBT « Aktionsplang » a pourtant été créé afin de discuter le sujet des thérapies de conversion.

Dans la dernière édition de l'indice Rainbow Europe, qui évalue 49 pays d'Europe dans sept domaines tels que l'égalité et la non-discrimination, le Luxembourg s'est vu attribuer la quatrième place. Alors que le Luxembourg est parmi les pays les plus progressistes en matière des droits LGBTIQ+, il a perdu des points pour plusieurs raisons, dont notamment l'absence d'interdiction de thérapies de conversion.

Dans cet ordre d'idées, j'aimerais poser la question suivante à Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration :

1) Est-ce que le comité susmentionné a fait des recommandations sur le sujet des thérapies de conversion au Luxembourg ?

2) Est-ce que le Gouvernement envisage de réaliser une campagne d'information afin de sensibiliser la population exposée aux risques de ces thérapies ?

3) Existe-t-il un espace, voire une ligne téléphonique destinés à aider les potentiels victimes de ces pratiques et toute autre personne rencontrant des difficultés liées à son orientation sexuelle ou son identité de genre ?

**Réponse (04/07/2022) de Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration**

ad 1) Le Comité interministériel pour la promotion des droits des personnes lesbiennes, gays, bisexuelles, transgenres et intersexes (LGBTI) a été créé pour faire le suivi de l'implémentation du Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes LGBTI (PAN LGBTI). Le comité est composé de représentants des ministères partenaires et se fait assister par des experts, notamment les institutions des droits humains, les représentants de la société civile et des experts par expérience.

En janvier 2020, le comité s'est penché sur la question des pratiques dites « thérapies de conversion » suite à un appel à contribution de l'expert indépendant sur l'orientation sexuelle et l'identité de genre des Nations Unies.

Lors des échanges du comité, il est apparu que ni le Gouvernement, ni la société civile n'avaient connaissance de telles pratiques ou de situations où des personnes auraient été dirigées à l'étranger dans l'objectif d'être soumises à de telles pratiques. En l'absence de cas avérés de ces pratiques, le comité n'a pas formulé de recommandations spécifiques. Il a néanmoins identifié certaines mesures de protection existantes pour éviter que des personnes ne soient soumises à des pratiques dites « thérapies de conversion », dont par exemple les mesures suivantes :

– Même si l'interdiction des pratiques dites « thérapies de conversion » n'est actuellement pas codifiée dans le droit luxembourgeois, les droits humains des individus sont néanmoins protégés par des lois relatives à la non-discrimination sur base de l'orientation sexuelle et de l'identité de genre, notamment dans les secteurs des biens et services, de la santé, de l'éducation et du travail.

– Les discours d'incitation à la haine ainsi que les crimes de haine relatifs à l'orientation sexuelle et à l'identité du genre sont interdits par la loi.

– Les droits fondamentaux consacrés dans les instruments internationaux sont garantis sans discrimination à toute personne résidant au Luxembourg. Dans le cas d'allégations de discriminations ou de mauvais traitements par une autorité publique, la victime est tenue de porter plainte auprès de la Police grand-ducale ou du parquet ; dans les cas où la victime en question n'obtient pas justice, elle peut saisir le service de l'Ombudsman.

– Le Centre pour l'égalité de traitement (CET) exerce ses missions en toute indépendance et a pour objet de promouvoir, d'analyser et de surveiller l'égalité de traitement entre toutes les personnes sans discrimination fondée sur la race ou l'origine ethnique, le sexe, l'orientation sexuelle, la religion ou les convictions, le handicap et l'âge. Le CET peut être consulté ou s'autosaisir pour les cas de discriminations qui n'impliquent pas une autorité publique (qui eux tombent sous la compétence de l'Ombudsman).

– Le 13 juillet 2018, le Gouvernement luxembourgeois a adopté le premier « Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes lesbiennes, gays, bisexuelles, transgenres et intersexes ». Alors que le sujet des « thérapies de conversion » n'est pas explicitement visé dans le plan d'action, le chapitre 7 relatif à l'égalité des droits des personnes transgenres prévoit dans son objectif 2 de « respecter les principes de la dépathologisation et de l'autodétermination des personnes transgenres en matière de santé ». De même, le chapitre 8 relatif à l'égalité des droits des personnes intersexes prévoit dans son objectif 2 de « respecter les droits à l'intégrité physique, à l'autodétermination et le principe du consentement libre et éclairé en matière de santé ».

– Le Luxembourg s'est doté d'une loi basée sur un modèle d'autodétermination en adoptant la loi du 10 août 2018 relative à la modification de la mention du sexe et du ou des prénoms à l'état civil et portant modification du Code civil. À part quelques exceptions, la procédure est de nature administrative, ce qui signifie qu'une personne ne doit plus fournir de preuve de traitements médicaux ou d'opérations, mais il suffit qu'elle puisse prouver par tout moyen que la mention relative à son sexe dans les actes de l'état civil ne correspond pas à celui dans lequel elle se présente et dans lequel elle est connue.

– Les prestataires de soins de santé sont tenus de respecter le Code de déontologie médicale et de respecter la loi du 24 juillet 2014 relative aux droits et obligations du patient qui prévoit le recueil du « consentement préalable, libre et éclairé » (article 8, paragraphe 4).

– L'assurance maladie prend en charge des traitements pour autant qu'ils sont prévus dans la législation de l'assurance maladie et qu'ils sont dispensés selon les conditions et les modalités qui y sont prévues. Jusqu'à présent, ni les nomenclatures ni les listes statutaires ne prévoient de codes spécifiques pouvant être mis en relation avec des thérapies de conversion.

ad 2) En l'absence de situations concrètes de pratiques dites « thérapies de conversion » au Grand-Duché, il n'est à l'heure actuelle pas prévu de développer une campagne d'information spécifique sur ce sujet.

ad 3) Toute personne à la recherche d'informations, de conseils ou d'aide concernant des questions d'orientation sexuelle, d'identité de genre ou de variation des caractéristiques sexuelles peut s'adresser aux services spécialisés suivants qui sont conventionnés par le Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région :

– Centre LGBTIQ+ Cigale  
– Service de consultation Familjen-Center.

À côté de ces services conventionnés, plusieurs associations œuvrent en faveur des intérêts des personnes (LGB)TIQ+, telles que l'ASBL Rosa Lëtzebuerg et l'ASBL Intersex & Transgender Luxembourg.

### Nouvelles consignes pour l'aménagement et le mobilier des dortoirs au sein d'un service d'éducation et d'accueil (SEA) pour jeunes enfants âgés de moins de deux ans | Question 6303 (07/06/2022) de Mme Martine Hansen | M. Max Hengel (CSV)

Les nouvelles consignes de la Direction générale du secteur de l'enfance pour l'aménagement et le mobilier des dortoirs au sein d'un service d'éducation et d'accueil (SEA) pour jeunes enfants âgés de moins de deux ans prévoient un assortiment de lits différents, la limitation des lits à barreaux à 1/5 de la totalité des besoins en lits ainsi que la suppression voire



l'interdiction des lits à barreaux superposés. Ainsi, en utilisant une variation de lits différents, l'autonomie de l'enfant serait favorisée tout au long de son séjour au sein du service d'éducation et d'accueil et de son développement psychomoteur. Et l'enfant serait apte à décider de se coucher ou de se lever de façon autonome.

C'est dans ce contexte que nous voudrions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation, de l'Enfance et de la Jeunesse :

1) Monsieur le Ministre peut-il nous renseigner sur la raison pour laquelle le nombre de lits à barreaux est désormais limité à 1/5 de la totalité des besoins en lits ?

2) En quoi consiste la raison de l'interdiction des lits à barreaux superposés ?

3) Sur base de quelle(s) étude(s) scientifique(s) la décision d'accorder obligatoirement le libre choix du lit aux enfants âgés entre 0 et 24 mois a-t-elle été prise ?

4) Est-ce qu'une recommandation similaire concernant le mobilier au foyer a été envoyée aux parents des enfants concernés ?

5) Sachant que les nouvelles dispositions peuvent engendrer le remplacement partiel ou total de l'équipement en lits et que celui-ci dépendra du délai de livraison du mobilier adéquat, Monsieur le Ministre peut-il nous renseigner sur l'existence d'une phase de transition accordée aux structures concernées pour ce faire ? Quel est le délai de cette mise en conformité ?

**Réponse** (11/07/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1) La note faisant l'objet de la présente question parlementaire a été élaborée sur demande des acteurs du terrain. Elle visait à formuler des recommandations quant à l'aménagement des dortoirs pour favoriser l'autonomie des enfants, principe pédagogique préconisé par le cadre de référence sur l'éducation non formelle. Elle a été rédigée pour soutenir les équipes pédagogiques dans leur réflexion sur l'aménagement de l'espace des dortoirs et en vue de favoriser l'autonomie des enfants.

Suite à une concertation avec les représentants du secteur de l'éducation non formelle, la note précitée a été retirée et sera reformulée afin d'éviter tout malentendu. L'objet de cette note est d'émettre des recommandations, elle n'impose en aucun cas une limitation rigide du nombre de lits.

ad 2) Étant donné que le couchage supérieur du lit superposé ne favorise ni l'autonomie, ni la participation de l'enfant, il est fortement conseillé de recourir à d'autres types de couchage.

ad 3) Il ne s'agit pas d'accorder obligatoirement le libre choix du lit aux enfants âgés de 0 à 24 mois, mais de s'assurer que les équipes pédagogiques créent un cadre et mettent en place un aménagement favorisant l'autonomie de l'enfant. Ainsi, l'enfant devrait pouvoir se coucher et se réveiller selon ses besoins. Proposer différents types de lits permet à l'enfant d'aller vers son autonomie.

La note précitée avait pour vocation de proposer des réponses aux questions sur la participation et l'autonomie des enfants dans les dortoirs et ainsi répondre aux lignes directrices préconisées par le cadre de référence national sur l'éducation non formelle. Ce cadre, arrêté par règlement grand-ducal dont l'application est par conséquent obligatoire, a été rédigé et mis en place par des professionnels de l'accueil des enfants.

ad 4) Il est à souligner que cette note concerne exclusivement le domaine de l'éducation non formelle de la petite enfance. Il ne relève pas de la compétence du Ministère de l'Éducation, de l'Enfance et de la Jeunesse d'envoyer une recommandation aux parents.

ad 5) Il convient de rappeler que la note en question, élaborée sur demande du secteur en s'orientant sur des pratiques déjà existantes, visait à formuler des recommandations. Cette note sera reformulée et son contenu discuté avec les représentants du secteur de l'éducation non formelle avant d'être publiée.

De nombreux SEA appliquent déjà ces recommandations. Pour les autres, il ne s'agit pas de remplacer le matériel dans l'immédiat, mais si besoin, de le compléter progressivement en évitant les lits à barreaux superposés.

#### **Prestations familiales | Question 6305** (07/06/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Säit dem 1. August 2016 riicht sech de Kannergeld-Betrag zu Lëtzebuerg net méi no der Unzuel vu Kanner. Am Ablack läit en (indexéiert) bei 278,45 Euro. Den altersofhängegen Zouschlag fir Kanner iwwer 12 Joer ass 52,53 Euro. Domat stinn enger Koppel oder enger elengerzéiender Persoun insgesamt 330,98 Euro fir hiert jugendlecht Kand zur Verfügung. Berechnungen ginn awer dovun aus, datt ee Kand am Alter vun 12 bis 18 Joer ee monatleche Mindestbedarf vu 700 Euro huet. D'Koppel bzw. déi elengerzéiend Persoun muss also pro Mount ronn 370 Euro aus eegeener Täschen opbréngen, fir d'Besoinen vun hirem Kand ze decken.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Wirtschaftsminister an un d'Madamm Familljeminister:

1. Wéi wierkt sech dësen héije Käschtepunkt op den Aarmutsrisiko vun de Familljen aus?

2. Ass d'Madamm Minister der Meinung, datt Famillje mat Kanner méi sollten ënnerstëtzt ginn, soudass se op d'mannst hir Käschte gedeckt kréien? Ass d'Regierung net der Meinung, datt d'Kannergeld de reelle Besoinen ugepasst misst ginn?

3. De Statec huet deen uewe mentionéierte Mindestbedarf fir d'Liewen zu Lëtzebuerg gerechent. Ginn et vergläichbar Zuele fir eis Nopeschregiounen an Nopeschlänner, a fir Europa?

**Réponse commune** (14/07/2022) de **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

ad 1. D'Erstelle vun engem Referenzbudget (budget de référence) an d'Berechnung vum Aarmutsrisiko sinn zwee verschidden Exercicen, déi opgrond vu jeeweils ënnerschiddleche Berechnungsmethoden a Critèrë gemaach ginn, an dofir och net matenee vermëscht kënne ginn. Deemno kann een net soen, wéi de Käschtepunkt vun engem Jugendlechen, esou wéi en am Referenzbudget opgestallt ginn ass, sech op den Aarmutsrisiko auswierkt.

De Statec publizéiert all Joer den Aarmutsrisiko (taux de risque de pauvreté) fir déi verschidden Typpe vu Stéit, wéi an dësem Tableau duergestallt.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 2. D'Regierung huet iwwert déi lescht Joren e ganze Pak u Mesurë geholl, fir de Famillje mat Kanner ënnert d'Ärm ze gräifen, wéi z. B. gratis Kannerbetreuung (2018), gratis Schoulbicher (2018) a gratis ëffentlechen Transport (2020). Dës Joer kommen dës

Mesuren nach derbäi: Indexatioun vum Kannergeld, déi och dës Joer wäert erfalen, gratis Betreuung an der Maison relais mat Hausaufgabenhëllef, gratis Iessen a gratis Coursen an der Musekschoul.

Niewent dës spezifeschen Hëllef sief awer och drun erënnert, dass d'Allocation de vie chère 2021 ëm 10 % an 2022 tëschent 200 a 400 Euro, jee no Gréisst vum Stot, gehéicht ginn ass an dass och déi Prestatioun de Famillje mat Kanner zegutt kënnt. Och am REVIS ginn et méi héich Montante fir Famillje mat Kanner a fir elengerzéiend Elteren, soudass och hei de Famillje mat Kanner gehollef gëtt. A sengem Rapport „Travail et cohésion sociale“ vun 2020 kënnt de Statec zur Conclusioun, dass Eltere mat Kanner, déi am Kader vum REVIS un enger Aktivationsmesur deelhuele an all staatlech Hëllef, déi se zegutt hunn, och kréien, e Liewen an Dignitéit féiere kënnen.

ad 3. Referenzbudgete ginn a villen europäesche Länner opgestallt, richteg vergläichbar sinn dës awer aus verschiddene Grënn net:

– Net all Länner applizéieren déi selwecht Methoden, fir Referenzbudgeten opzestellen. Obwuel et Efforte gi sinn, fir eng gemeinsam europäesch Method opzestellen, déi Lëtzebuerg och applizéiert, gëtt dës net iwwerall benotzt.

– Net all Länner publizéieren hir Referenzbudgeten all Joer offiziell a fir déi verschidden Haushaltstypen.

– Net all Länner hu Referenzbudgete fir Jugendlecher entwéckelt.

– Net all Länner publizéieren d'Ausgabe separat fir Kanner, mee éischter Budgeten no Typ vu Famill.

De Virdeel vun europäeschen Ëmfroe wéi déi iwwer Akommes a Liewensbedingungen (EU-SILC) ass, dass se Vergläicher op europäeschem Niveau erlaben. Dës ass d'Richtung, an déi d'Fuerschung iwwer Referenzbudgete wéilt goen.

#### **Nettoyage de voitures électriques dans une station de lavage | Question 6307** (07/06/2022) de **M. Fernand Kartheiser** | **M. Jeff Engelen** (ADR)

An Däitschland lafen aktuell Diskussiounen, ob Elektroautoe vum Hersteller Tesla nach a Wäschanlagen därefen eraufen. Et gëtt an Däitschland schonn e konkrete Fall, wou e mëttelgrousse Bedreiwer vu Wäschanlagen et de Besëtzer vun Tesla-Autoe verbitt, seng Anlagen ze benotzen. Grond dofir ass, datt d'Elektronik vun dësen Autoe bei der Wäsch Problemer ka maachen. Dës huet dozou gefouert, datt d'Waasser kont andrängen an d'Autoe beschiedegt goufen, wouduerch de Besëtzer vum Auto deemno wéi och seng Garantiespréch verléiert.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un den Här Mobilitätsminister:

1. Sinn dem Här Minister bis dato Fäll bekannt, wou et bei Elektrogefier zu Problemer komm ass, wann dës an eng Wäschanlage eragefuer sinn?

2. Gedenkt den Här Minister am Hibleck op déi uewe beschriwwen Fäiten, eventuell Rekommandatiounen auszeschaffen, fir de Besëtzer vun engem Elektroauto ofzeroden, eng kommerziell Wäschanlage ze benotzen?

**Réponse** (12/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Ofhängeg vun der Motorisatioun vum Gefier, leien dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten den Ament keng änlech Fäll wéi an Däitschland vir. Heizou muss awer präziséiert ginn, datt aus dem Presseartikel zu dëser Thematik kloer ervirgeet, datt de Problem net bei de classesche Wäschanlage läit, mee bei de Wäschstroossen, wou den Auto duersch



d'Anlag gezu gëtt. Do dernieft ass et och net d'Motorisation vum Gefier, déi zu dësen Tëscheffäll gefouert huet, mee éischter déi héichempfindlech Sensorik an déi domadder verbonnen Assistenzsystemer vum Gefier. Fir datt a Wäschstroossen, wou den Auto a Beweegung ass, d'Elektronik net dovun ausgeet, datt den Auto fiert, hu vill Hiersteller d'Méiglechkeet geschaaft, fir sämtlech Sensorik auszuschalten, wéi dëst och schonn de Fall ass bei ville Modeller, déi ee Parkassistent integréiert hunn.

Aktuell gëtt et kee Grond, fir de Benotzer vun Elektroautoen ofzeroden, an eng Wäschstrooss oder Wäschanlag ze fueren. De Fall gesat, wou et mat engem Modell vun engem Elektroauto oder enger anerer Motorisation zu engem Problem an enger Wäschstrooss oder Wäschanlag géif kommen, wier et um Bedreier, seng Clienten dorop opmierksam ze maachen.

**Prise en charge par la CNS | Question 6308**  
(07/06/2022) de **Mme Martine Hansen | M. Marc Spautz** (CSV)

Laut einem rezenten Zeitungsartikel werden eine Reihe Medikamente und/oder Behandlungen, welche Nebenwirkungen von Krebserkrankungen lindern sollen, nicht oder nur zum Teil von der Caisse nationale de santé (CNS) übernommen. So werden zum Beispiel die Kosten für eine Perücke nur alle drei Jahre mit knapp 250 Euro erstattet, obwohl die tatsächlichen Kosten viel höher sind.

In diesem Zusammenhang möchten wir gerne folgende Fragen an den zuständigen Minister für soziale Sicherheit stellen:

1. Welche Medikamente, sonstige Produkte oder Behandlungen von Krebspatienten, welche direkt durch die Krankheit oder aufgrund von Nebenwirkungen erforderlich sind, werden aktuell nur teilweise oder gar nicht von der CNS übernommen?

2. Warum werden die Kosten hier nicht übernommen?

3. Gedenkt der Herr Minister hier Anpassungen zu tätigen, um den betroffenen Patienten finanziell entgegenzukommen?

**Réponse** (14/07/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

ad 1. In der Onkologie wird eine große Anzahl von Medikamenten benutzt, die direkt oder indirekt für die Krebsbehandlung verwendet werden, ggf. auch für die Bekämpfung oder Linderung von deren Nebenwirkungen.

So werden z. B. Schmerzmittel benutzt, die nicht spezifisch für die Krebsbehandlung entwickelt wurden. Dementsprechend ist es nicht möglich, eine vollständige Liste von Medikamenten aufzustellen, die in der Onkologie verwendet werden.

Neben der medikamentösen Behandlung ist es auch nicht möglich, alle anderen Behandlungen aufzulisten, die mit einer Krebsbehandlung einhergehen können, da der Kausalzusammenhang zwischen der Behandlung und ihrer Ursache der Krankenversicherung nicht zur Verfügung steht.

Damit ein Medikament auf der laut Sozialgesetzbuches „liste positive“ eingetragen werden kann, müssen verschiedene Bedingungen als erfüllt gelten:

– Das Medikament muss über eine Marktzulassung verfügen

– Das Medikament muss einen öffentlich festgelegten Preis erhalten haben

– Der Inhaber der Marktzulassung muss bei der Gesundheitskasse eine Anfrage zur Eintragung des Medikamentes auf der „liste positive“ einreichen.

Die Entscheidung, ob ein Medikament auf der „liste positive“ eingetragen wird, muss auf denen im Artikel 17, Absatz 1 und 23 des Sozialgesetzbuches festgehaltenen Kriterien basiert sein.

Der Prozentsatz für die Kostenübernahme der auf der „liste positive“ eingetragenen Medikamente, welche im Rahmen von einer onkologischen Behandlung eingesetzt werden können, ist wie folgt:

– Antineoplastische Medikamente und Immunmodulatoren, welche im „Code ATC L\*\*“ aufgeführt sind, werden zu 100 % übernommen;

– Die Antimetika, welche im „Code ATC A04AA\*\*“ aufgeführt sind, werden zu 100 % übernommen;

– Die Kostenübernahme von Opioid-Analgetika kann im Rahmen einer Krebsbehandlung und auf der Grundlage einer individuellen Entscheidung vom medizinischen Dienst (CMSS) von 80 % auf 100 % erhöht werden.

Die Kostenübernahme für Perücken wurde am 1. Juni 2022 auf 350 € erhöht. Die Erneuerungsfrist wurde am 1. Juli 2022 auf 12 Monate reduziert.

Darüber hinaus wird im Rahmen der Umsetzung des „Plan national cancer“, an dem das Gesundheitsministerium, das Ministerium für soziale Sicherheit und die Gesundheitskasse beteiligt sind, aktuell analysiert, welche weiteren Anpassungen nötig sind und wie man durch eine Vereinfachung von verschiedenen Prozeduren den Versicherten in seiner onkologischen Behandlung weiter unterstützen kann.

**Vaccins contre la grippe | Question 6310**  
(08/06/2022) de **M. Gusty Graas** (DP)

Actuellement, l'hiver a commencé en Australie, entraînant une nouvelle saison de la grippe. Et celle-ci semble être assez violente. Les chiffres augmentent rapidement, surtout dans l'est du pays, ce qui n'avait plus été le cas depuis des années.

Pour l'Europe, cela signifie qu'on doit également se préparer à une saison grippale sévère. Certains pays ont indiqué que les précommandes de vaccins devaient être passées avant la fin du mois de mars afin de s'assurer qu'une quantité suffisante de vaccins soit produite.

Cependant, fin mars, l'association fédérale des médecins conventionnés en Allemagne a par exemple signalé que les médecins allemands n'avaient pas commandé suffisamment de vaccins pour la prochaine saison. Des commandes supplémentaires ne pourraient toutefois pas être prises en compte, car le processus de fabrication est trop long. Il faut donc s'attendre à des pénuries.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

– Quel est le besoin estimé en vaccins contre la grippe pour le Luxembourg ?

– Combien de vaccins le Luxembourg a-t-il précommandé pour la prochaine saison grippale ?

– La commande sera-t-elle suffisante pour vacciner toutes les personnes vulnérables et les professionnels de la santé ?

**Réponse** (22/06/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

Il convient tout d'abord de préciser à nouveau, comme lors de la question parlementaire n° 2989, que l'achat de vaccins contre la grippe est sujet au

Luxembourg à un marché libre en fonction de l'offre et de la demande et que l'État n'y intervient qu'exceptionnellement, par exemple quand il s'attend à un réel risque de pénurie. Ceci a été le cas en 2020 (début de la pandémie Covid-19), où l'État avait acquis 20.000 doses supplémentaires aux commandes initiales des pharmaciens.

Pour l'hiver 2022-2023, les officines de pharmacie ont précommandé un total de 89.935 doses de vaccin contre la grippe. Ce chiffre est sensiblement équivalent aux commandes pour 2021-2022, à savoir 95.296 doses, et 2020-2021, où le Luxembourg disposait de 102.000 doses (ceci inclut les doses acquises par l'État). Ni en 2020 ni en 2021, le Luxembourg n'a finalement subi une pénurie de vaccins et toute personne qui a souhaité se faire vacciner a pu le faire.

Avant la pandémie, le nombre de doses commandées annuellement avoisinait généralement les 60.000 doses jusqu'en 2018, où les besoins avaient augmenté rapidement à 80.000 doses.

La Direction de la santé estime donc que les précommandes faites cette année devraient pouvoir satisfaire la demande. À noter que deux fournisseurs ont confirmé qu'ils disposent encore de réserves de vaccins qu'ils pourraient mettre à la disposition du Luxembourg, en cas de besoins supplémentaires.

En général, il s'agit d'insister sur le fait que le taux de vaccination de la population la plus susceptible de faire des infections grippales graves, à savoir les personnes de 65 ans et au-delà n'est que de 40,4 % au Luxembourg, légèrement au-dessus de l'Allemagne (38,8 %), mais substantiellement plus bas qu'en Belgique (59,1 %) et en France (59,9 %) (données OECD, Health at a glance 2021, sur données 2019). La Direction de la santé prévoit donc une campagne d'information au début de l'automne afin de sensibiliser particulièrement cette catégorie de population à la nécessité d'une vaccination.

**Indemnisation des étudiants en médecine effectuant un stage | Question 6311**  
(08/06/2022) de **Mme Diane Aehm** (CSV)

D'Gesetz vum 4. Juni 2020 gesäit vir, datt Studenten ënner gewësse Viraussetzungen indenniséiert ginn, wann si am Kader vun hirer Ausbildung e Stage maachen. Eisen Informatiounen no gëllt dës Reegelung net fir Medezinsstudenten, déi am Kader vun hirem Studium e Stage am Secteur hospitalier maachen. An dësem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Madame Gesondheetsministesch stellen:

– Kënn Dir dës Informatiounen confirméieren?

• Wa jo, gëllt dës Reegelung just fir Medezinsstudenten oder och fir Studenten, déi eng Infirmier- oder soss eng Ausbildung am Gesondheetssecteur maachen?

– Wat sinn Grënn fir dës Ausnamereegelung?

– Denkt d'Regierung drun, an deem Punkt eppes ze änneren, fir datt och Medezinsstudente kënnen indenniséiert ginn, wann si e Stage maachen?

**Réponse commune** (12/07/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

D'Gesetz vum 4. Juni 2020, dat de Code du travail ofännert an e Kader fir d'Stagé vu Schüler a Studenten aféiert, gesäit vir, dass Stagen, déi e feste Bestanddeel vun enger Formatioun oder engem Studieprogramm sinn, indenniséiert musse ginn, wa se véier Wochen



**PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL**

IBRS/CCRI n°1001256



## RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
ENVOI-RÉPONSE 1001256  
L - 3208 BETTEMBOURG

oder méi daueren. Laut Artikel L. 152-2 gëllt dës Dispositioun net fir d'Stagen, déi am Kader vun enger Formatioun, déi op e reglementéierte Beruff virbereet, stattfannen. Heizou gehéieren effektiv och d'Medezinstudien an d'Studiegäng am Beräich vun de Gesondheitsberuffer.

D'Regierung ass amgaangen, Iwwerleeungen ze féieren, fir dës Ausnameregulung deelweis oder fir verschidde Secteuren ze sträichen, esou dass an Zukunft och déi Studenten, déi sech op e reglementéierte Beruff virbereeden, ënner gewësse Viraussetzunge fir d'Stagen, déi se am Kader vun hirem Studium maachen, kéinten indemniséiert ginn.

**Épidémie de bronchiolite** | Question urgente **7153** (10/11/2022) de **Mme Carole Hartmann** | **M. Gilles Baum** (DP)

En France, les cas de bronchiolite chez les enfants de moins de deux ans n'ont cessé d'augmenter ces derniers jours. La situation dans les services d'urgence s'est aggravée à tel point que la France a déclaré le plan blanc au niveau national.

Il s'agit d'un plan d'urgence sanitaire et de crise qui permet la mise en place d'une cellule de crise destinée à coordonner l'ensemble des services pour mobiliser les professionnels de la santé, d'adapter l'activité médicale de l'établissement et de renforcer les moyens de l'institution hospitalière.

De plus en plus de cas de bronchiolite sont également signalés au Luxembourg, ce qui met une pression accrue sur les services pédiatriques.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Combien de cas de bronchiolite sont actuellement traités dans les hôpitaux luxembourgeois ? Combien de lits sont actuellement occupés en pédiatrie ?

2) Madame la Ministre, estime-t-elle que des mesures supplémentaires devraient également être mises en œuvre pour les hôpitaux luxembourgeois ? Dans la négative, lesquelles ? Dans l'affirmative, dans quel délai de telles mesures pourraient être mises en œuvre ?

3) Madame la Ministre, quelles mesures préventives seront prises pour éviter une telle surcharge de la pédiatrie à l'avenir ?

**Réponse** (15/11/2022) de **Mme Paulette Lenert**,  
Ministre de la Santé

ad 1) En date du 14 novembre 2022, la Kannerklinik du CHL comptait 48 lits occupés en soins normaux et soins intensifs du Service de pédiatrie spécialisée, dont 31 pour le traitement de bronchiolites et 3 en raison de Covid. Du côté des HRS, en date du 14 novembre 2022, 5 patients avec bronchiolite ont été hospitalisés. En ce qui concerne le CHEM et le CHdN, tous les enfants qui nécessitent une hospitalisation sont transférés vers le CHL. Au CHL tous les lits sont actuellement occupés, et ce en ce qui concerne le Service national de pédiatrie spécialisée ainsi que les soins intensifs. La situation est la même du côté des HRS au niveau des 12 lits du Service de pédiatrie de proximité.

ad 2) La direction du CHL a mis en place une cellule de crise spécifique afin de réaliser un suivi rapproché de l'évolution de la forte augmentation des cas de bronchiolite. Sur base des réflexions antérieures dans le cadre de la pandémie Covid, les responsables de la Kannerklinik sont en train de finaliser un plan de montée en charge afin de pouvoir réaliser des

aménagements de chambres patient permettant une augmentation de la capacité stationnaire à court terme. Dans ce même cadre, les échanges avec les centres hospitaliers HRS et CHEM se poursuivent afin d'optimiser la prise en charge des jeunes patients non affectés par la bronchiolite. Afin de prioriser la prise en charge des bronchiolites, le CHL a décidé d'annuler temporairement les interventions de chirurgie pédiatrique programmées non urgentes pour les deux prochaines semaines dans la mesure où ceci ne représente pas une perte de chance pour les enfants. Ainsi, les ressources dédiées à l'hôpital de jour peuvent être réaffectées au soutien des équipes dans le suivi des patients affectés par le Respiratory Syncytial Virus Infection (RSV).

Afin de soutenir la Kannerklinik, le Ministère de la Santé a par ailleurs marqué son accord pour recourir temporairement à la réserve sanitaire pour identifier et mettre à disposition du personnel soignant. Il a également été retenu de lancer une campagne d'information et des recommandations hygiéniques pour le grand public est en phase d'élaboration.

ad 3) Il est à noter que l'autorisation et la réalisation de huit lits stationnaires complémentaires au sein de la Kannerklinik a permis de disposer d'une capacité supplémentaire pendant la phase aiguë actuelle. La réalisation d'un plan de montée en charge actualisé et l'analyse du nombre de lits requis en pédiatrie de proximité sont des éléments importants afin de se donner les capacités stationnaires requises. On constate que les augmentations de cas de bronchiolites sont irrégulières depuis la pandémie Covid. Les campagnes de sensibilisation aux mesures d'hygiène préventive seront maintenues en attendant une stabilisation de la situation et les informations seront relayées régulièrement.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfille beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeën ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

**PORT PAYÉ**  
**PS/799**





CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-05

Nouvelles lois

p. 06-09

Séances publiques

p. 09-87

Questions au Gouvernement

p. 87-99

2021-2022

# N°15

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-05

Nouvelles lois ..... p. 06-09

Séances ..... p. 09-87

45<sup>e</sup> séance du mercredi 30 mars 2022 ..... p. 09-39

46<sup>e</sup> séance du jeudi 31 mars 2022 ..... p. 39-87

Questions au Gouvernement ..... p. 87-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

06/12/2022

#### Concept et layout :

brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





Le Parlement européen a 70 ans

## « Ce n'est qu'ensemble que nous pouvons aller plus loin »



De gauche à droite : M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés, Mme Roberta Metsola, Présidente du Parlement européen, Mme Stéphanie D'Hose, Présidente du Sénat de Belgique

« Je me félicite de la vitalité du Parlement européen en ces temps turbulents. Il me tenait particulièrement à cœur d'être présent pour cet anniversaire historique », a déclaré le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, à l'occasion de la cérémonie solennelle du 70<sup>e</sup> anniversaire du Parlement européen, qui s'est tenue le 22 novembre 2022 au siège du Parlement européen à Strasbourg.

M. Etgen s'est entretenu à cette occasion avec des membres luxembourgeois du Parlement européen, à savoir Mme Isabel Wiseler-Lima, M. Marc Angel, Mme Monica Semedo et M. Christophe Hansen. Il a en outre eu l'occasion de rencontrer des homologues, notamment la Présidente du Sénat du Royaume de Belgique, Mme Stéphanie D'Hose, le Président de la Chambre des Représentants de la République de Malte, M. Angelo Farrugia, le Vice-Président du Parlement d'Irlande, M. Joe O'Reilly, et le Vice-Président de la Chambre des Députés de Roumanie, M. Vasile-Daniel Suci.

Lors de la cérémonie, la Présidente du Parlement européen, Mme Roberta Metsola, a souligné que « ce n'est qu'ensemble que nous pouvons aller plus loin », notamment en matière de droits sociaux et de transition verte. Un certain nombre d'intervenants ont encore mis en avant l'importance historique de la construction européenne et exprimé leur fierté quant à la démocratie européenne et à la diversité.

## « Jugendkonvent »

„Demokratie (er)liewen!“ – Ënnert deem Motto sinn de 25. November 2022 Ateliere vum Jugendkonvent an der Chamber organiséiert ginn. A véier Workshopen hu sech déi Jonk iwwer folgend Sujeten ausgetosch:

- Demokratie an der Schoul! Watgelif?!
- Walrecht mat 16 Joer
- Medien – (Des)information
- Inklusioun – Eng Gesellschaft fir eis all

An enger Pleniëre goufen d'Konklusiounen aus den Ateliere virgestallt a mat Deputéierten a Ministeren diskutéiert. De Jugendkonvent gëtt vum Jugendrot organiséiert.



Ëm déi 50 Jugendlecher hu beim Jugendkonvent matgemaach.



Visite de travail d'une commission parlementaire de Géorgie

## Adhésion de la Géorgie à l'UE et situation sécuritaire du pays

Le statut de candidat à l'adhésion européenne, tel que revendiqué par la Géorgie, les répercussions de la guerre en Ukraine sur le pays ou encore les relations entre la Géorgie et le Luxembourg ont figuré parmi les sujets discutés le 24 novembre 2022 lors d'une visite de travail d'une délégation parlementaire géorgienne à la Chambre des Députés.

Face à leurs homologues luxembourgeois, les membres de la Commission des Affaires étrangères du Parlement de Géorgie ont expliqué avoir été déçus lorsque la demande de la Géorgie d'adhérer à l'Union européenne a été mise en attente en juin 2022, alors que le statut de pays candidat a été accordé à la fois à l'Ukraine et la Moldavie. « Nos populations ont besoin de signaux positifs », a ainsi souligné un parlementaire géorgien. Le pays ferait des progrès notables en ce qui concerne les exigences de la part de l'Union européenne : 11 des 12 recommandations devraient être réalisées jusqu'à la fin de l'année. Par ailleurs, le niveau de corruption serait très faible en Géorgie. « L'avenir de la Géorgie et de sa population se trouve au sein de l'Union européenne », a déclaré un député luxembourgeois, avant de souligner que le Luxembourg soutient la souveraineté et l'intégrité de la Géorgie avec ses frontières reconnues au niveau international.

Les députés luxembourgeois se sont par ailleurs intéressés à la sécurité de la Géorgie depuis le début de la guerre d'agression de la Russie contre l'Ukraine. Un des représentants géorgiens a expliqué que la situation précaire en matière de sécurité n'est pas une nouveauté pour la Géorgie. Le pays souffrirait depuis une trentaine d'années de la stratégie d'occupation et d'annexion de la part de la Russie. Les régions de l'Osétie du Sud et de l'Abkhazie seraient toujours sous occupation russe, une situation qui aurait mené au déplacement de quelque 250.000 personnes à

l'intérieur des frontières géorgiennes. Suite à l'invasion de l'Ukraine, la situation sécuritaire précaire se serait simplement accentuée. Dans ce contexte, un député géorgien a attiré l'attention des députés luxembourgeois sur le fait que le conflit entre l'Azerbaïdjan et l'Arménie lui aussi a un impact négatif sur la sécurité de la région. La Géorgie bénéficierait néan-

moins de la confiance tant de l'Azerbaïdjan que de l'Arménie et serait disposée à faire office de médiateur entre les deux pays.

Les parlementaires géorgiens se sont par ailleurs accordés avec leurs homologues sur le fait que le Luxembourg et la Géorgie pourraient approfondir leurs relations économiques.



*Les députés membres de la Commission des Affaires étrangères, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile avec leurs homologues géorgiens*

## Neijoerschkaart vum Chamberspresident



Fir d'Feierdeeg hunn d'Mataarbechter vu Coopérations ASBL vu Wolz ([www.cooperations.lu](http://www.cooperations.lu)) eng Neijoerschkaart gemoolt an déi den 28. November 2022 dem Chamberspresident, dem Här Fernand Etgen, iwwerreecht. D'Kaart weist Illustratioune vum Chambersgebai.

Am Kader vum Treffen huet de President mat de Mataarbechter vun der Kooperatioun eng Visitt vun der Chamber gemaach.

Et ass schonn zur Traditioun ginn, dass de Chamberspresident Fernand Etgen seng Neijoerschkaarte bei enger Associatioun an Opdrag gëtt, déi am soziale Beräich aktiv ass, an domat gemengnëtzeg Organisatiounen ënnerstëtzt.

*D'Mataarbechter vu Coopérations ASBL op Besuch an der Chamber.*



11<sup>e</sup> réunion du Groupe de contrôle parlementaire conjoint d'Europol

## Les activités d'Europol sous la loupe



La Chambre des Députés était représentée par Mme Stéphanie Empain, Présidente de la délégation luxembourgeoise, qui a eu l'occasion de s'échanger avec ses homologues lituaniens, M. Jonas Jarutis et M. Giedrius Surplys (1<sup>er</sup> à gauche et 1<sup>er</sup> à droite), ainsi que Mme Saskia Bricmont, membre du Parlement européen (2<sup>e</sup> à gauche).

Le Groupe de contrôle parlementaire conjoint (GCPC) d'Europol, qui rassemble les parlementaires spécialisés dans la coopération policière, s'est réuni les 24 et 25 octobre 2022 au Parlement européen à Bruxelles. Ce groupe, créé conformément à l'article 88 du TFUE

(Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne) a pour objectif de contrôler les activités d'Europol, en particulier au regard de leurs incidences sur les libertés et les droits fondamentaux. Le GCPC est, à ce stade, l'unique organe de supervision conjoint d'une agence européenne associant à la fois le Parlement européen et les parlements nationaux. Chaque parlement national y est représenté par quatre membres et le Parlement européen par seize députés.

Les parlementaires ont pu s'échanger avec la directrice exécutive d'Europol, Mme Catherine de Bolle, sur les activités ayant eu lieu de mars à octobre ainsi que sur le programme pluriannuel d'Europol. Les membres du GCPC disposent de la possibilité d'adresser des questions écrites à la directrice exécutive. Les questions écrites soumises au cours du dernier semestre portaient notamment sur l'accès aux documents, la conformité des logiciels utilisés par Europol et le respect du code de conduite en ce qui concerne l'utilisation de l'intelligence artificielle dans le domaine de la sécurité.

Le contrôleur européen de la protection des données (CEPD), M. Wojciech Wiewiórowski, a expliqué aux députés les raisons qui l'ont amené à intenter une action en justice contre les colégislateurs concernant la modification du règlement Europol. Le CEPD remet en question les mesures englobant le nouveau mandat visant à légaliser rétroactivement les pratiques de conservation des données par Europol. En effet, le

CEPD avait estimé en 2020 qu'Europol outrepassait son mandat en matière de traitement des données, un domaine très sensible en particulier pour les personnes visées.

La Commissaire aux affaires intérieures, Mme Ylva Johansson, et le Ministre de l'Intérieur de la République tchèque, en sa qualité de représentant de la présidence tournante de l'UE, se sont adressés aux parlementaires par un message vidéo.

Le règlement modifié d'Europol, adopté au mois de juin 2022, prévoit la création d'un forum consultatif sur les droits de l'homme. Il charge le GCPC de créer un forum consultatif qui aura pour but d'assister le GCPC en lui fournissant des conseils en toute indépendance sur toute question concernant les droits fondamentaux. À l'occasion de sa réunion du 24 octobre 2022, la troïka présidentielle du GCPC a donc pris la décision d'entamer les prochaines étapes en ce sens.

Finalement, les parlementaires ont eu un échange de vues au sujet de l'impact de la guerre en Ukraine sur la sécurité avec M. Radek Kaňa, Vice-Ministre de l'Intérieur de la République tchèque, M. Jean-Philippe Lecouffe, Directeur exécutif adjoint d'Europol, et M. Olivier Onidi, Directeur général adjoint auprès de la Direction générale de la migration et des affaires intérieures de la Commission européenne.

Visite  
des Casemates  
de la Pétrusse

Le 5 juin 2022, les Casemates de la Pétrusse ont été réouvertes au public après des travaux de mise en conformité et de mise en valeur. Le Président de la Chambre, M. Fernand Etgen, ainsi que les députés MM. Gilles Baum et Max Hengel ont pu constater sur place les progrès réalisés par la présentation des animations et des installations de lumière qui permettent de donner vie à l'histoire. Ils ont été accueillis par M. Tom Bellion, Directeur du Luxembourg City Tourist Office.

De gauche à droite : M. Fernand Etgen, M. Tom Bellion, M. Gilles Baum et M. Max Hengel sous « la pluie d'or », une installation située juste en dessous du monument de la « Gëlle Fra » symbolisant l'enracinement de la liberté dans la roche



## L'Administration parlementaire recrute :

**un huissier/chauffeur (m/f) pour les besoins du Service logistique et technique dans le groupe de traitement D2**  
poste à pourvoir par un fonctionnaire stagiaire (réf. F00022831)

En cas d'intérêt, veuillez vous référer au lien suivant :

<https://govjobs.public.lu/fr/postuler/postes-ouverts/postes-vacants/fonctionnaires/2022/D2/Novembre/20221123-huissierchauffeurmfmrff000228-169306.html>





## Contrôles officiels des produits agricoles

**7273 – Projet de loi relative aux contrôles officiels des produits agricoles et portant abrogation de :**

**1° la loi modifiée du 24 juillet 1909 sur le régime des vins et boissons similaires ;**

**2° la loi du 8 juin 1984 fixant le cadre général pour l'établissement des règles concernant la commercialisation du bétail de boucherie**

La loi en projet a pour but de mettre en œuvre au niveau national les dispositions européennes relatives aux contrôles officiels servant à assurer le respect de la législation en matière de produits agricoles. Alors que le contrôle officiel des denrées alimentaires et celui des produits agricoles relèvent du même règlement européen<sup>1</sup>, en droit national, le contrôle officiel des denrées alimentaires est régi par la loi du 28 juillet 2018 instaurant un système de contrôle et de sanctions relatif aux denrées alimentaires. Le contrôle officiel des produits agricoles fait quant à lui l'objet du projet de loi.

Dépôt par M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs, le 28/03/2018

Rapporteuse : Mme Tess Burton

Travaux de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

(Présidente : Mme Tess Burton) :

10/12/2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen des avis du Conseil d'État

Examen d'une série de propositions d'amendements

24/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 31/03/2022

Loi du 26 avril 2022

Mémorial A : 2022, n° 204, page 1

<sup>1</sup> Règlement (UE) 2017/625 du Parlement européen et du Conseil du 15 mars 2017 concernant les contrôles officiels et les autres activités officielles servant à assurer le respect de la législation alimentaire et de la législation relative aux aliments pour animaux ainsi que des règles relatives à la santé et au bien-être des animaux, à la santé des végétaux et aux produits phytopharmaceutiques, modifiant les règlements du Parlement européen et du Conseil (CE) n° 999/2001, (CE) n° 396/2005, (CE) n° 1069/2009, (CE) n° 1107/2009, (UE) n° 1151/2012, (UE) n° 652/2014, (UE) 2016/429 et (UE) 2016/2031, les règlements du Conseil (CE) n° 1/2005 et (CE) n° 1099/2009 ainsi que les directives du Conseil 98/58/CE, 1999/74/CE, 2007/43/CE, 2008/119/CE et 2008/120/CE, et abrogeant les règlements du Parlement européen et du Conseil (CE) n° 854/2004 et (CE) n° 882/2004, les directives du Conseil 89/608/CEE, 89/662/CEE, 90/425/CEE, 91/496/CEE, 96/23/CE, 96/93/CE et 97/78/CE ainsi que la décision 92/438/CEE du Conseil (règlement sur les contrôles officiels), tel que modifié.

## Droits d'auteur, droits voisins et bases de données (1)

**7846 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données en vue de la transposition de la directive 2019/789 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 établissant des règles sur l'exercice du droit d'auteur et des droits voisins applicables à certaines transmissions en ligne d'organismes de radiodiffusion et retransmissions de programmes de télévision et de radio, et modifiant la directive 93/83/CEE du Conseil**

Ce projet de loi vise à transposer en droit national la directive 2019/789 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 établissant des règles sur l'exercice du droit d'auteur et des droits voisins applicables à certaines transmissions en ligne d'organismes de radiodiffusion et retransmissions de programmes de télévision et de radio, et modifiant la directive 93/83/CEE du Conseil.

Cette directive, appelée « directive SATCAB 2 », poursuit trois objectifs :

1. appliquer le principe du pays d'origine à certains services en ligne des stations radio et de télévision ;
2. introduire de nouvelles dispositions relatives à la retransmission de programmes de radio et de télévision à l'aide d'autres moyens que le câble ;
3. définir des règles pour l'emploi d'œuvres ou d'autres contenus protégés moyennant le processus technique de l'injection directe.

Sa transposition en droit luxembourgeois exige de modifier et de compléter la troisième partie de la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données.

Dépôt par M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 24/06/2021

Rapporteuse : Mme Francine Closener

Travaux de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

(Présidente : Mme Francine Closener) :

20/01/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

03/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 30/03/2022

Loi du 1<sup>er</sup> avril 2022

Mémorial A : 2022, n° 159, page 1

## Droits d'auteur, droits voisins et bases de données (2)

**7847 – Projet de loi portant modification :**

**1° de la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données ;**

**2° de la loi du 3 décembre 2015 relative à certaines utilisations autorisées des œuvres orphelines ;**

**3° de la loi du 25 avril 2018 relative à la gestion collective des droits d'auteur et des droits voisins et l'octroi de licences multiterritoriales de droits sur des œuvres musicales en vue de leur utilisation en ligne dans le marché intérieur, en vue de la transposition de la directive 2019/790 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 sur le droit d'auteur et les droits voisins dans le marché unique numérique et modifiant les directives 96/9/CE et 2001/29/CE**

Ce projet de loi vise à transposer en droit national la directive 2019/790 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 sur le droit d'auteur et les droits voisins dans le marché unique numérique et modifiant les directives 96/9/CE et 2001/29/CE.

Cette directive vise à moderniser certains aspects du cadre légal des droits d'auteur et des droits voisins et ayant pour objet :

- d'introduire des exceptions obligatoires supplémentaires aux droits d'auteur et droits voisins ;
- de donner un accès plus large à des contenus protégés qui ne sont plus commercialement accessibles et duquel notamment les institutions en charge du patrimoine culturel sont censées bénéficier ;
- d'améliorer le fonctionnement du marché intérieur de l'Union européenne tout en renforçant la position de certains titulaires de droits.

La transposition de cette directive exige de modifier les trois lois nationales suivantes :

- la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données en raison de l'adaptation du régime de protection juridique des bases de données ainsi que de l'harmonisation de certains aspects du droit d'auteur et des droits voisins dans la société de l'information ;
- la loi du 3 décembre 2015 relative à certaines utilisations autorisées des œuvres orphelines. Cette modification s'explique par le fait que la directive prévoit l'opposabilité des règles concernant les œuvres orphelines au nouveau droit voisin en faveur des éditeurs de presse pour leurs publications en ligne ;
- la loi du 25 avril 2018 relative à la gestion collective des droits d'auteur et des droits voisins et l'octroi de licences multiterritoriales de droits sur des œuvres musicales en vue de leur utilisation en ligne dans le marché intérieur. Ceci, afin d'y intégrer les dispositions qui ont trait à l'activité des organismes de gestion collective.

Dépôt par M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 24/06/2021

Rapporteuse : Mme Francine Closener

Travaux de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

(Présidente : Mme Francine Closener) :

20/01/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

03/02/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

03/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport





Vote en séance publique : 30/03/2022

Loi du 1<sup>er</sup> avril 2022

Mémorial A : 2022, n° 158, page 1

## Recyclage sûr et écologiquement rationnel des navires

### 7854 – Projet de loi portant approbation de la Convention internationale de Hong Kong pour le recyclage sûr et écologiquement rationnel des navires, faite à Hong Kong, le 15 mai 2009

Ce projet de loi a pour objet de ratifier la Convention internationale de Hong Kong pour le recyclage sûr et écologiquement rationnel des navires, faite le 15 mai 2009 à Hong Kong.

Cette Convention vise à apporter des solutions spécifiques au secteur maritime pour répondre aux préoccupations en matière de sécurité, de santé et d'environnement liées au démantèlement des navires.

Depuis les années 1980, les pays industrialisés ont délaissé les activités de démantèlement de navires, sauf pour les navires de taille modeste, au bénéfice des pays asiatiques. Ces activités, tant en ce qui concerne les méthodes de démantèlement, que les composants du navire et l'absence d'équipements de protection sur les chantiers, ont des impacts négatifs sur l'environnement et la santé des travailleurs.

Les textes en vigueur sont apparus comme étant trop généraux et donc pas adaptés à l'activité de démantèlement des navires. C'est ainsi que la Convention de Hong Kong prévoit des dispositions générales contraignantes en vue de garantir un recyclage sûr, écologique et efficace des navires.

L'entrée en vigueur de la Convention de Hong Kong est conditionnée à sa ratification par quinze États représentant 40 % du tonnage brut de la flotte mondiale des navires de commerce et dont le volume annuel maximal de recyclage des navires au cours des dix dernières années représente au moins 3 % du tonnage brut de l'ensemble des flottes marchandes desdits États.

Dans l'attente de cette entrée en vigueur, l'Union européenne a déjà adopté un règlement (n° 1257/2013) qui met en œuvre la Convention de Hong Kong pour les navires battant pavillon européen, mais aussi pour les navires battant pavillon d'un pays tiers faisant escale dans un port ou un mouillage d'un État membre.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 02/07/2021

Rapporteur : Mme Lydia Mutsch

Travaux de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

(Présidente : Mme Francine Closener) :

03/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

10/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 30/03/2022

Loi du 23 mai 2022

Mémorial A : 2022, n° 257, page 1

## Enlèvement des épaves

### 7855 – Projet de loi portant approbation de la Convention internationale de Nairobi sur l'enlèvement des épaves, faite à Nairobi, le 18 mai 2007

Ce projet de loi a pour objet d'approuver la Convention internationale de Nairobi sur l'enlèvement des épaves, faite à Nairobi, le 18 mai 2007.

Une épave peut constituer un danger pour la navigation maritime en créant un risque de collision avec les navires en circulation, en plus elle peut être une menace pour l'environnement marin.

Si l'épave se situe dans les eaux territoriales d'un État, la loi de cet État est applicable à son enlèvement.

Dans la zone économique exclusive (ZEE) ou à défaut, la zone adjacente à la mer territoriale sans qu'elle ne dépasse 200 miles marins, un vide juridique existait – les droits souverains des États côtiers étant limités pour cette zone à l'exploitation,

l'exploration, la conservation et la gestion des ressources naturelles des fonds marins et de leur sous-sol.

La Convention internationale de Nairobi comble ce vide juridique, en

1. définissant les droits des États affectés pour l'enlèvement des épaves dans leur ZEE ;
2. mettant en place un système de responsabilité sans faute du propriétaire inscrit ;
3. obligeant les propriétaires inscrits à souscrire une assurance ou autre garantie pour couvrir les frais de localisation, signalisation, voire d'enlèvement du navire.

C'est ainsi que la Convention de Nairobi oblige l'armateur et le capitaine à faire un rapport à l'État affecté de tout incident qui aura résulté en une épave, rapport sur base duquel le degré de dangerosité de l'épave sera évalué. L'épave doit être localisée et marquée aux frais du propriétaire inscrit, pour prévenir des accidents de navigation. Le propriétaire inscrit du navire est responsable de l'enlèvement de l'épave, si elle constituerait un danger.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 02/07/2021

Rapporteur : Mme Lydia Mutsch

Travaux de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

(Présidente : Mme Francine Closener) :

03/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

10/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 30/03/2022

Loi du 10 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 298, page 1

## Régime d'aides dans le domaine de l'énergie

### 7884 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2016 instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement

Le projet de loi a pour objet de modifier la loi modifiée du 23 décembre 2016 instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement.

L'augmentation de l'efficacité énergétique et le développement des énergies renouvelables sont deux piliers essentiels de la transition énergétique, ancrés dans le Plan national intégré en matière d'énergie et de climat (PNEC). Dans le domaine du bâtiment, le PNEC donne la priorité à l'assainissement des bâtiments existants et au recours aux énergies renouvelables. Pour accroître l'efficacité énergétique dans le domaine du bâtiment et soutenir la rénovation énergétique au niveau national, un certain nombre d'instruments de soutien financier a été introduit, dont notamment les aides à l'investissement PRIME House, modifiées par le présent projet de loi. Les principales modifications prévues par le projet de loi sont les suivantes :

– Prolongation du régime : le régime d'aide financière est prolongé de cinq années supplémentaires. Les délais suivants sont dorénavant prévus :

- la facture pour les investissements et services doit être établie au plus tard le 31 décembre 2029 ;
- la demande d'aide financière doit être introduite au plus tard le 31 décembre 2031.

– Simplification des procédures : sous certaines conditions, le conseil en énergie exhaustif sera dorénavant facultatif pour les projets de rénovation énergétique qui se limitent à un seul élément de construction de l'enveloppe thermique

– Extension et renforcement du régime prévu pour les installations techniques valorisant les sources d'énergie renouvelables :

- les pompes à chaleur hybrides et les installations hybrides avec pompe à chaleur deviennent éligibles pour une aide financière ;
- les filtres à particules installés sur les chaudières à bois existantes deviennent éligibles pour une aide financière ;
- le plafond des aides financières pour une installation photovoltaïque est augmenté de 20 à 50 % des coûts effectifs, ceci à cause des nouvelles modalités de soutien visant à favoriser l'autoconsommation ;





- un bonus de 30 % est introduit pour le remplacement d'une chaudière alimentée au combustible fossile existante par un raccordement à un réseau de chaleur ;
  - il est introduit une aide spécifique supplémentaire de 50 % des coûts effectifs pour l'enlèvement, la neutralisation et le recyclage du réservoir au fioul dans le cas d'un remplacement d'une chaudière au fioul ;
  - il est introduit un bonus de 1.000 euros lorsque la mise en place d'une installation solaire thermique se fait conjointement avec la mise en place d'une chaudière à bois ou d'une pompe à chaleur ;
  - l'aide financière pour le raccordement d'un bâtiment d'habitation à un réseau de chaleur est augmentée et sera désormais plafonnée à 250 euros par kilowatt.
- les montants de l'aide financière forfaitaire pour le conseil en énergie sont augmentés de 50 % voire plus par rapport au régime précédent, rejoignant donc les montants appliqués dans le cadre du programme « Neistart Lëtzebuerg ».

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 15/09/2021

Rapporteuse : Mme Semiray Ahmedova

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

23/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi

Examen des amendements gouvernementaux

Examen des avis du Conseil d'État

25/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 31/03/2022

Loi du 7 avril 2022

Mémorial A : 2022, n° 179, page 1

## Fonds de garantie des dépôts Luxembourg : garantie de l'État

### 7905 – Projet de loi relative à l'octroi de la garantie de l'État aux lignes de crédit contractées par le Fonds de garantie des dépôts Luxembourg, et portant modification de la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement

Le projet de loi sous rubrique a pour objet d'autoriser le Gouvernement à accorder la garantie de l'État aux lignes de crédit qui pourraient être contractées par le Fonds de garantie des dépôts Luxembourg sur base des dispositions de l'article 179 paragraphe 2 alinéa 3 de la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement, et cela pour un montant total maximal d'un milliard d'euros.

Le projet de loi a été déposé afin de donner suite à l'opposition formelle formulée par le Conseil d'État en date du 8 décembre 2020 au sujet du dispositif de garantie tel que prévu par le projet de loi numéro 7638. En effet, le Conseil d'État a estimé qu'une loi spéciale serait nécessaire en vertu de l'article 99 de la Constitution, comme il s'agit d'un engagement financier important. Les auteurs de la loi en projet donnent également suite à une recommandation émise par le Fonds Monétaire International.

L'objectif principal recherché par l'octroi de cette garantie est celui de renforcer la protection des déposants, en dotant le Fonds de garantie des dépôts Luxembourg d'un filet de sécurité additionnel afin de garantir la sécurité des dépôts et d'augmenter ainsi la confiance des déposants. La garantie d'État intervient uniquement si le Fonds de garantie des dépôts Luxembourg se trouve dans l'incapacité d'honorer ses engagements financiers au titre d'une ligne de crédit tirée.

Dépôt par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 28/10/2021

Rapporteur : M. André Bauler

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président : M. André Bauler) :

24/01/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

18/03/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 31/03/2022

Loi du 6 avril 2022

Mémorial A : 2022, n° 165, page 1

## Convention de non double imposition avec l'Éthiopie

### 7944 – Projet de loi portant approbation de la « Convention between the Grand Duchy of Luxembourg and the Federal Democratic Republic of Ethiopia for the elimination of double taxation with respect to taxes on income and on capital and the prevention of tax evasion and avoidance », et du Protocole y relatif, faits à Luxembourg, le 29 juin 2021

Le projet de loi a pour objet l'approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République fédérale démocratique de l'Éthiopie pour l'élimination de la double imposition en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et pour la prévention de l'évasion et de la fraude fiscales, et du Protocole y relatif, faits à Luxembourg, le 29 juin 2021. Les conventions de non double imposition constituent un élément clef de la politique fiscale du Luxembourg. L'élimination de la double imposition par le biais de telles conventions est indispensable au bon développement des relations économiques bilatérales. La loi en projet s'inscrit donc dans le cadre des efforts mis en œuvre ces dernières années par le Gouvernement afin de compléter et d'améliorer progressivement le réseau luxembourgeois de conventions fiscales et particulièrement celui avec les pays d'Afrique. La signature d'une convention de non double imposition avec l'Éthiopie était une priorité pour le Luxembourg, en raison d'échanges économiques existants. La Convention est le fruit d'un compromis réunissant des dispositions du modèle luxembourgeois (reposant sur le modèle de l'Organisation de coopération et de développement économiques) et du modèle éthiopien (reposant sur le modèle de l'Organisation des Nations Unies).

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 06/01/2022

Rapporteur : M. Guy Arendt

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président : M. André Bauler) :

14/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

18/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 31/03/2022

Loi du 22 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 311, page 1

## Scolarisation des élèves ukrainiens

### 7983 – Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ;

2° de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées ;

3° de la loi modifiée du 29 octobre 2020 portant 1° dérogation à l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ; 2° modification de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ; 3° modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées ;

4° de la loi du 17 décembre 2021 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022

Face à la situation de guerre en Ukraine, de nombreuses personnes se voient forcées de quitter leur pays et de chercher refuge dans un pays occidental ou limitrophe. Le Grand-Duché de Luxembourg s'apprête ainsi à accueillir un grand nombre d'enfants et d'adolescents ukrainiens qui vont obtenir le statut de « bénéficiaire de protection internationale temporaire ».



Étant donné que la loi modifiée du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire s'applique aussi aux jeunes réfugiés, le Gouvernement doit mettre en œuvre un dispositif permettant la scolarisation de ces enfants. Suivant la loi précitée, chaque enfant habitant au Luxembourg et âgé entre quatre et seize ans doit fréquenter l'école.

Tandis que les enfants du cycle 1 de l'enseignement fondamental sont scolarisés d'office dans les écoles communales, les enfants des cycles 2 à 4 auront le choix entre l'enseignement national et l'enseignement international publique. L'orientation se fait en fonction de leur niveau scolaire et de leurs compétences linguistiques.

Sachant qu'en Ukraine, les élèves apprennent l'anglais dès la troisième année d'études, la voie anglophone des écoles internationales publiques s'avère particulièrement bien adaptée à leurs besoins. Les réfugiés rejoignent d'abord une classe d'accueil, où ils apprennent le français ou l'allemand comme seconde langue. Ils sont ensuite intégrés dans une classe internationale. Dans des cas exceptionnels, les enfants peuvent directement rejoindre une classe internationale.

Si des parents se décident pour une école communale, leur enfant est intégré dans des classes d'accueil de langue allemande ou française.

Face à l'afflux d'élèves ukrainiens, il s'avère indispensable de recruter du personnel supplémentaire pour renforcer le pool actuel d'enseignants et de personnel encadrant.

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 25/03/2022

Rapporteur : M. Gilles Baum

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche  
(Président : M. Gilles Baum) :

28/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

31/03/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 31/03/2022

Loi du 1<sup>er</sup> avril 2022

Mémorial A : 2022, n° 150, page 1

## 45<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

### Sommaire

- 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 10**  
M. Fernand Etgen, Président
- 2. Communications ..... p. 10**  
M. Fernand Etgen, Président
- 3. Ordre du jour ..... p. 11**  
M. Fernand Etgen, Président
- 4. Désignation d'un membre du Centre pour l'égalité de traitement ..... p. 11**  
M. Fernand Etgen, Président
- 5. Question élargie n° 137 de M. André Bauler au sujet de la rareté de certaines ressources naturelles non renouvelables ..... p. 11**  
M. André Bauler | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie
- 6. Question élargie n° 125 de M. Laurent Mosar au sujet du site de production du groupe industriel Liberty Steel à Dudelange ..... p. 12**  
M. Laurent Mosar | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | M. Laurent Mosar | M. le Ministre Franz Fayot | M. Laurent Mosar | M. le Ministre Franz Fayot
- 7. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la mise en œuvre de l'étude Rifkin ..... p. 14**  
Exposé : Mme Diane Adehm  
Débat : M. André Bauler | Mme Francine Closener | Mme Semiray Ahmedova | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | M. Charles Margue (parole après ministre) | M. le Ministre Franz Fayot | Mme Myriam Cecchetti (parole après ministre) | M. le Ministre Franz Fayot | M. Sven Clement (parole après ministre) | M. le Ministre Franz Fayot
- 8. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet des relations économiques avec des pays qui ne respectent pas les droits humains ..... p. 21**  
Exposé : Mme Nathalie Oberweis (dépôt de la motion 1)  
Débat : M. Claude Wiseler (interventions de M. Fernand Kartheiser) | M. André Bauler | M. Carlo Weber | M. Charles Margue | M. Fernand Kartheiser (intervention

de Mme Stéphanie Empain) | M. Sven Clement (intervention de M. Fernand Kartheiser)

Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | Mme Nathalie Oberweis (parole après ministre) | M. le Ministre Franz Fayot

Motion 1 : M. Yves Cruchten | M. Claude Wiseler | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis

Vote sur la motion 1 (rejetée)

- 9. 7846 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données en vue de la transposition de la directive 2019/789 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 établissant des règles sur l'exercice du droit d'auteur et des droits voisins applicables à certaines transmissions en ligne d'organismes de radiodiffusion et retransmissions de programmes de télévision et de radio, et modifiant la directive 93/83/CEE du Conseil ..... p. 28**

Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace : Mme Francine Closener

Discussion générale : Mme Diane Adehm | M. Guy Arendt | Mme Semiray Ahmedova | M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- 10. 7847 – Projet de loi portant modification :**
  - 1° de la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données ;**
  - 2° de la loi du 3 décembre 2015 relative à certaines utilisations autorisées des œuvres orphelines ;**
  - 3° de la loi du 25 avril 2018 relative à la gestion collective des droits d'auteur et des droits voisins et l'octroi de licences multiterritoriales de droits sur des œuvres musicales en vue de leur utilisation en ligne dans le marché intérieur, en vue de la transposition de la directive 2019/790 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 sur le droit d'auteur et les droits voisins dans le marché unique numérique et modifiant les directives 96/9/CE et 2001/29/CE ..... p. 30**



Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace : Mme Francine Closener

Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. Guy Arendt | Mme Semiray Ahmedova | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

**11. 7854 – Projet de loi portant approbation de la Convention internationale de Hong Kong pour le recyclage sûr et écologiquement rationnel des navires, faite à Hong Kong, le 15 mai 2009**

**7855 – Projet de loi portant approbation de la Convention internationale de Nairobi sur l'enlèvement des épaves, faite à Nairobi, le 18 mai 2007 ..... p. 34**

Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace sur le projet de loi 7854 : M. Carlo Weber

Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace sur le projet de loi 7855 : M. Carlo Weber

Discussion générale : Mme Diane Adehm | Mme Simone Beissel | M. Charles Margue | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)

Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7854 et dispense du second vote constitutionnel

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7855 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Franz Fayot et M. Claude Haagen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Nee, Här President, dat ass net de Fall.

## 2. Communications

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Den Artikel 114 vun der Verfassung gesäit vir, datt den zweete Vott iwwert d'Verfassungsännerung duerch e Referendum kann ersat ginn. Esou wéi et am Kapitel 22 vum Chambersreglement präziséiert ass, fënnt dëse Referendum statt, wa bannent zwee Méint méi wéi ee Véierel vun den Deputéierten dozou d'Demande maachen. Den Här Fernand Kartheiser huet de 25. Januar 2022 als Député initiateur opgrond vum Artikel 189 vum Chambersreglement eng Demande fir e Referendum iwwert d'Proposition de révision des chapitres I<sup>er</sup>, II, III, V, VII, VIII, IX, X, XI, XII vun der Constitutionn 7700 agereecht. Bannent deenen zwee Méint ass dës Demande vu véier Deputéierten ënnerstëtzt ginn. Laut dem Artikel 191 vum Chambersreglement ass se deemno irrecevabel.

### Communications du Président – séance publique du 30 mars 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

7979 – Projet de loi portant approbation du Traité entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique concernant l'exploitation commune des aéronefs de transport A400M au sein d'une unité binationale, fait à Luxembourg, le 31 août 2021

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 15/03/2022

7980 – Projet de loi portant prise en charge par l'État des frais engendrés par l'utilisation des réseaux de distribution de gaz naturel

Dépôt : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 21/03/2022

7981 – Projet de loi relative à l'enlèvement des épaves et modifiant la loi modifiée du 9 novembre 1990 portant approbation de certaines conventions internationales en matière maritime

Dépôt : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 22/03/2022

7982 – Projet de loi portant modification des articles 1<sup>er</sup> et 32 du Code de la sécurité sociale

Dépôt : M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale, le 23/03/2022

7983 – Projet de loi portant modification :

1<sup>o</sup> de la loi du 29 octobre 2020 portant 1<sup>o</sup> dérogation à l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ; 2<sup>o</sup> modification de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant le cadre du personnel des établissements d'enseignement secondaire ; 3<sup>o</sup> modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées ;

2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées ;

3<sup>o</sup> de la loi du 17 décembre 2021 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022

Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 25/03/2022

7984 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant réorganisation des instituts culturels de l'État

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture, le 29/03/2022

3) Le projet de loi suivant a été retiré du rôle des affaires :

7912 – Projet de loi portant modification 1<sup>o</sup> de la loi modifiée du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles ; et 2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 17 juillet 2020 portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 15/11/2022

Retrait du rôle des affaires : 18/03/2022

4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2280 – Demande de pétition publique : Keng sektoriell Impfflicht / Pas de vaccination obligatoire sectorielle

Dépôt : M. Claude Kremer, le 15/03/2022

2281 – Demande de pétition publique : Pour un port du masque facultatif dans les transports publics

Dépôt : M. Mike Roderes, le 15/03/2022

2282 – Demande de pétition publique : Véier Schaffdeeg an der Woch (méindes, dënschdes, donneschdes a freides)

Dépôt : Mme Brigitte Gaspard, le 16/03/2022

2283 – Demande de pétition publique : Valorisation du statut de femme/homme au foyer sur la base d'une rémunération étatique et d'un certificat de travail

Dépôt : Mme Nathalie Luque, le 17/03/2022

2284 – Demande de pétition publique : Embenenne vun der Rue Cyprien Merjai an d'Rue des Héros Ukrainiens

Dépôt : M. Kris Hansen, le 17/03/2022

2285 – Demande de pétition publique : Abandon du projet de loi entendant obliger les copropriétés à prévoir chaque mois une certaine somme d'argent pour effectuer des travaux

Dépôt : M. Emmanuel Goncalves Da Cruz Barroso, le 17/03/2022

2286 – Demande de pétition publique : Demande de révision des critères d'attribution aux droits d'assurance BABY YEARS

Dépôt : M. Stéphane Heintz, le 17/03/2022

2287 – Demande de pétition publique : Congé supplémentaire pour tout le monde qui n'était jamais testé positif

Dépôt : Mme Claire Gutenkauf, le 18/03/2022

2288 – Demande de pétition publique : Mémorial aux victimes civiles du conflit ukrainien / Gedenkstätte für die zivilen Opfer des Ukraine-Konflikts

Dépôt : M. Daniel Grommes, le 18/03/2022

2289 – Demande de pétition ordinaire : Kontaktformular am Internet u Ministären a Verwaltungen

Dépôt : M. Romain Reiter, le 18/03/2022

2290 – Demande de pétition ordinaire : Delaie bei juristischen a verwaltungstechnischen Prozeduren

Dépôt : M. Romain Reiter, le 18/03/2022

2291 – Demande de pétition ordinaire : Handysnummer net blockéieren

Dépôt : M. Romain Reiter, le 18/03/2022

2292 – Demande de pétition publique : Surtaxation des services et biens de consommation importés de la Russie et Biélorussie

Dépôt : M. Erwan Le Berre, le 18/03/2022

2293 – Demande de pétition publique : E gesetzleche Kader fir e Maximalpräis beim Loyer oder der Zenter vun enger Immobilie fuerderen

Dépôt : M. Joe Schmit, le 20/03/2022



2294 – Demande de pétition publique : Coût des nouvelles constructions en cours : gel de la révision du prix de la construction lié à l'indice des prix à la consommation sur la période 2022 (et 2023)

Dépôt : M. Christian André Louis Duchêne, le 27/03/2022

2295 – Demande de pétition publique : Coût des nouvelles constructions : augmentation du plafond pour l'application du taux réduit de 3 %

Dépôt : M. Christian André Louis Duchêne, le 27/03/2022

2296 – Demande de pétition publique : Indexation de l'aide financière de l'État pour études supérieures

Dépôt : M. Antonio Giovannello, le 28/03/2022

2297 – Demande de pétition publique : Erossetze vun der TVA op Liewensmëttel / Réduction de la TVA sur les produits alimentaires

Dépôt : M. Daniel Wiseler, le 29/03/2022

5) L'article 114 de la Constitution prévoit que « Le texte adopté en première lecture par la Chambre des députés est soumis à un référendum, qui se substitue au second vote de la Chambre [...] ». Conformément au chapitre 22 du Règlement de la Chambre des Députés, le référendum a lieu « si dans les deux mois suivant le premier vote demande en est faite par plus d'un quart des membres de la Chambre ».

M. Fernand Kartheiser, député initiateur, a déposé, le 25 janvier 2022, une telle demande d'organiser un référendum sur la proposition de révision des chapitres I<sup>er</sup>, II, III, V, VII, VIII, IX, X, XI et XII de la Constitution – n° 7700. Cette demande ayant été soutenue par quatre députés et conformément à l'article 191 du Règlement de la Chambre des Députés, elle est irrecevable.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, esou wéi d'Präsidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat deem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 4. Désignation d'un membre du Centre pour l'égalité de traitement

Esou wéi d'Gesetz vum 28. November 2006 iwwert d'Kreatioun vum CET an d'Artikelen 135 bis 142 vum Chambersreglement et virgesinn, designéiere mer haut ee Member vum Centre pour l'égalité de traitement.

No den Dispositiounen vum den Artikelen 138 an 139 vum Chambersreglement huet d'Präsidentekonferenz eng Kandidatelëscht mat zwou Persounen arrétéiert, déi un d'Deputéiert verschéckt ginn ass an op Ärem Schierm disponibel ass. Dat sinn an alphabetescher Reiefolleg: d'Madamm Sylvie Kerger an den Här Marc Rollinger.

D'Chambersreglement gesäit vir, datt d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Et d'äerf also net par procuration ofgestëmmt ginn. Nëmmen d'Votten iwwert déi offiziell deponéiert Kandidature si valabel.

D'Wal vum Kandidat erfollegt duerch eng absolut Majoritéit, woubäi déi blank an ongültig Walziedelen net a Betrecht gezu ginn. Wa beim éischten Tour kee vun de Kandidaten déi absolut Majoritéit kritt, kënn et zu engem Ballottage. Bei Stëmmegläicheit am Ballottage kënn et zu engem weideren Tour. Wann dann nach ëmmer Stëmmegläicheit ass, entscheet d'Lous.

Mir fänke mam Walvirgang un. Ech wëll d'Chamber drop opmierksam maachen, datt héchstens eng Kandidatur d'äerf ugekräizt ginn, soss ass de Stëmmziedel ongültig.

#### Vote pour le poste d'un membre du Centre pour l'égalité de traitement

Ech géif bieden, d'Stëmmziedelen auszedeele.

Ech maachen den Appel nominal, fir d'Stëmmziedelen anzesammelen.

(Appel nominal)

D'Sitzung ass ënnerbrach.

(La séance publique est suspendue à 14.11 heures.)

\* \* \*

(La séance publique est reprise à 14.16 heures.)

D'Sitzung geet erëm weider.

D'Stëmmziedele si follgendermoossen opgedeelt:

Total vun de Stëmmziedelen: 49, blank Stëmmziedelen: 3, ongültig Stëmmziedelen: keen, gültig Stëmmziedelen: 46. Absolut Majoritéit: 24.

D'Madamm Sylvie Kerger huet 28 Stëmmen kritt an den Här Marc Rollinger 18. Deemno huet d'Chamber mat enger absoluter Majoritéit vun 28 Stëmmen decidéiert, datt d'Madamm Sylvie Kerger Member vum Centre pour l'égalité de traitement designéiert ginn ass. Felicitatiounen!

### 5. Question élargie n° 137 de M. André Bauler au sujet de la rareté de certaines ressources naturelles non renouvelables

Mir kommen elo zur erweidert Fro Nummer 137 vum Här André Bauler iwwert d'Raritéit vu verschiddenen natierlechen net erneierbare Ressourcen. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an eventuell no der Äntwert vum Minister eng Zousazfro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här André Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler (DP)** | Merci, Här President. Léif Kollegen a Kolleginnen, an engem Interview mam Direkter vun der Fedil am „Lëtzeburger Wort“ vum 29. Dezember ass net ausgeschloss ginn, datt verschidden Industriebetriebe hir Produktioun missten eroffnen oder stoppen, dat weinst de Konsequenz vum der globaler Pandemie, de bekannten Enkpäss an de Liwwerketten, den zolid geklommenen Energiepräisser, de Repercussione vum Klimawandel an och nach dem Mangel u spezialiséierter Salarieen a gewëssene Beräicher.

Déi europäesch Industrie huet de Moment mat engem ganze Set vun Erausforderungen ze kämpfen, Defien, déi sech fréier oder spéider an den Einzelpräisser fir d'Konsumenten erëmispigelen. De René Winkin vun der Fedil huet dräi Präisdreier deemools detektéiert:

Fir d'éischt sinn et déi spierbar Produktiounsaußfäll, déi zu engem bestëmmten Deel, awer net nëmmen, op d'Viruskris zréckzeféiere sinn. Dann ass et natierlech d'Explosioun vun de Gas- a Pétrolspräisser. A finalement sinn och nach eng Rei Enkpäss op logistischem Plang feststellen. Och eiser Industrie feelt et u bestëmmte Materialien, wéi zum Beispill u Pabeier, un Holz an esou weider.

Elo sinn och nach den dramateschen Ukrain-Krich derbäikomm respektiv den erneiten Ausbroch vum Covid-19 a China. Wann ee weess, wéi ofhängeg Europa sech vu fossilen Energie gemaach huet, déi verschidde Länner a Russland akafen, da liicht et engem

direkt an, wat dat fir eis Gesellschaft insgesamt a virun allem eis Industrie am Joer 2022 an doriwwer eraus bedeit.

Russland sëtzt mat sengen net erneierbare Ressourcen um laangen Hiewel an ass a Saache Rostoffer, Énergien non renouvelables eng Supermuecht, zum Beispill beim Palladium a Platin, déi fir d'Auto- an d'Industriecatalyseure gebraucht ginn. Russland huet och e Förderndeel vu ronn 40 %.

Mat net erneierbare Source kann een also politeschen a wirtschaftlechen Drock maachen – dat erliewe mer an dësen Deeg. Industriegidder kann een ouni Metaller a Metallverbindungen net herstellen. Russland ass no China, Australien a Brasilien de véiertgréisste Produzent op dësem Plang. Et ass och e féierende Produzent vun Aluminium an Nickel. Grouss Liwwerausfall aus Russland maachen do enorm Suergen.

D'Ukrain spillt och eng gewësse Roll, zum Beispill an der Exploitioun vu Mangan an Titan an natierlech och Stol, awer och beim Lithium, Kobalt, bei Seelenen Äerden a ville Materialien, och grad där, déi bei der Energiewend, déi jo ugestriift gëtt, gebraucht ginn. Dat kann een haut nach an enger grousser Lëtzeburger Dageszeitung an engem detailléierten Artikel noliessen.

Virun deem Hannergrond wollt ech dem Här Minister folgend Fro stellen:

Éischtens, ausser der Präisdeierecht beim Gas a Brennes, wéi sinn d'Präisser vu Metall a Materialien evoluéiert, déi besonnesch vun der Lëtzeburger Industrie gebraucht ginn?

Wat sinn déi net erneierbar Ressourcen, déi vun eiser Industrie aus osteuropäesche Länner importéiert ginn, déi net Member vun der Europäescher Unioen sinn?

Leeft eis Industrie elo scho méi lues weinst dem Manque u bestëmmten net erneierbaren natierlechen Ressourcen? Wa jo, wéi eng Branchë sinn hei am meeschte betraff?

Duerch wéi eng aner Fournisseuren oder Kafkanäl huet Lëtzebuerg zanter dem Akraafttriede vun de Sanktiounen, déi géint Russland opgeluecht goufen, versicht sech ze approvisionéieren?

Ass den Här Minister amgang, sech mat de Vertrieeder vun eiser nationaler Industrie ze consultéieren, ze berotschoen, fir d'Entwécklungen an dësem schwéieren Dossier ze verfolge?

A wéi engem Mooss kann d'Économie circulaire, also d'Kreeslafwirtschaft, dozou bäidroen, fir d'Situatioun a gewëssene Branche weinstens e bëssen ze entlaaschten?

Gedenkt de Ministère, de Wirtschaftsministère, eventuell e strateegesche Grupp an d'Liewen ze rufen, fir eis industriell Decideuren an dëser dach awer schwie-reger Phas méi enk ze begleeten?

An zum Schluss wollt ech nach froen: Wéi eng Ustengungen, wéi eng Efforte ginn am Moment op europäeschem Plang gemaach, fir alternativ Versuerungsquelle fir d'EU-Industrie ze sécheren? Gëtt et do eng Strategie an deem Beräich?

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bauler. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** | Merci, Här President. Fir d'éischt virop e Merci un den André Bauler fir déi interessant a pertinent Fro, déi en hei gestallt huet, déi effektiv d'Fro stellt vun der Resilienz am Endeffekt vun der Lëtzeburger Wirtschaft an insbesonnesch vun der Lëtzeburger Industrie par



rapport zu deene multiple Krisen, déi mer gesinn iwwert déi lescht zwee Joer.

Mir hate gëschter op der Journée de l'économie justement dat doten als Theema: Wéi kënne mer d'Krise besser anticipéieren a wéi positionéiere mer eis virun allem par rapport zu deene Krisen?

Déi Krisen, déi mer gesinn hunn, de Covid-19 iwwert déi lescht zwee Joer, dee jo nach net eriwuer ass, an elo de Krich an der Ukrain, sinn dat, wat een am Jargon net „schwaarze Schwan“ nennt, mee éischter e „grot Rhinocéros“. Dat heescht, dat sinn en fait Krisen, déi ee vläicht hätt kënne virausgesinn, mee wou een net esou richtig weess, wéini se geschéien. Souwuel d'Pandemie wéi och dee Krich waren en fait Saachen, op déi ee sech, wann ee richtig gekuckt hätt, am Fong hätt kënne préparéieren. Mee mir hunn dat net richtig gemaach. Dat muss ee sech ganz einfach agestoen.

An eise wirtschaftleche System, eis Industrie, all eis Secteure sinn effektiv elo mat Problemer konfrontéiert par rapport zu deenen Disruptionen an de Liwwerketten, par rapport zu deene Penurien, déi mer gesinn, deenen extreem héijen Energiepräisser, déi schonn héich ware virun der Wirtschaftskris, déi ugefaangen hunn an d'Luucht ze goe mat där weltwäiter Relance am September d'lescht Joer an déi natierlech elo ab Februar mam Krich an der Ukrain nach eng Kéier vill méi héich gi sinn. Ech ginn nach eng Kéier kuerz och am Detail duerno a menger Ausféierung dorobber an.

D'Situatioun ass jee no Secteur ënnerschiddlech. Den Hauptproblem besteet awer iwwerall doranner, dass d'Betriber net méi esou séier oder zum Deel iwwerhaupt guer net méi vun hire Fournisseure beliwwert ginn. Dat ass e Problem, wéi gesot, dee mer scho gesinn hu während der Covid-19-Pandemie, dee sech awer natierlech mam Krich an der Ukrain nach eng Kéier verstärkt huet.

A verschiddene Secteure kann ech Iech do e puer Beispiller ginn. Zum Beispill am Automobilssektor, do wéist Der jo all, dass mer eng ganz Rei Zouliwwerer hei zu Lëtzebuerg hunn, déi Pièce liwweren an hierstelle fir déi grouss Autosproduzenten. Do ass et esou, dass eng ganz Rei Zouliwwerer zwar nach kënne produzéieren, awer hir Piècen net méi ofgeholll kréie vun den Autosproduzenten, well se net nokommen, meeschtens well se keng Semi-conducteuren, keng Chippe méi erbäikréien an einfach soen: „Haalt Är Piècen, mir kënnen déi fir de Moment net méi gebrauchen.“ Dat ass en Dominoeffekt, deen och e ganz klengen Effekt huet op eis Betriber.

Et feelen zum Beispill elektresch Kabelen. An dat huet en direkten Effekt op déi Autosproduzenten. Dat ass eppes, wat an der Ukrain ganz vill produzéiert gëtt. Et ass e relativ einfache Produkt, wou eng ganz Rei Autoszouliwwerer dat externaliséiert hunn an d'Ukrain wéinst deene bëllege Lounkäschten. An elo natierlech ... Zum Beispill huet Bosch sech an der Ukrain niddergelooss, an 2021 huet d'Ukrain fir 760 Milliounen Euro eleng esou Kabelen an d'Europäesch Unioen exportéiert.

Dat sinn natierlech Produiten, déi elo feelen, déi ganz vill och vu Frae produzéiert goufen an de Fabriken dohannen, Fraen, déi natierlech elo ganz oft mat hire Kanner hu misse flüchten, mat der Konsequenz natierlech, dass déi Produktioun elo ganz staark reduzéiert gouf. A bei deene Betriber, déi am Westen, déi nach ëmmer produzéieren, déi éischter am Weste vun der Ukrain leien, do sinn der ganz vill, déi net méi liwweren, well d'Camionneuren entweder an d'Armée gaange sinn, oder déi wéinst der securitairen Lag opgehalen hunn ze liwweren.

Et ass awer och esou, dass d'Ukrain a Russland och wichteg Stolproduzenten sinn. Mir produzéieren och Stol hei zu Lëtzebuerg, mee mir importéieren

natierlech extreem vill aus deene Länner. 44 % vum Stol, dee vun ausserhalb vun der EU an d'EU importéiert gëtt, kënnt aus Russland. Wéinst Produktiouns-, Logistik- a Liwwerproblemer huet dat Repercussione bis an de Lëtzebuergers Constructiounssektor eran, wou och déi Matière première feelt.

Derbäi kommen eng Rei aner Matière-première wéi d'Holz, net nëmmen zu Lëtzebuerg, a ganz Europa – ganz vill Holz kënnt aus der Ukrain. Och dat feelt natierlech. An esou geet et och mat enger Rei anere Matière-première, déi primärement am Constructiounssektor gebraucht ginn.

Dir wéist och, dass mer natierlech zu Lëtzebuerg och Pneue produzéieren. Och do ass eng Matière première, déi aus Russland kënnt, nämlech de „black carbon“. Dat ass en Nieweprodukt vum Pétrol, dat ass dee schwaarze Rouss, dee gebraucht gëtt an der Pneueproduktioun. Och dee feelt fir de Moment, bon, well eebe manner Pétrol raffinéiert gëtt an doduerch och eng Penurie bei deem Produit besteet. Dat ass e weideren Dominoeffekt, dee mer gesinn.

Also a ville Beräicher gestéiert Liwwerketten, ënnert deenen dann och eis Lëtzebuergers Betriber leiden, déi dann hir Produktioun staark reduzéiere mussen oder carrement op null eroffueren.

Russland an d'Ukrain liwweren och zesummen 20 % bis 25 % vum Weltexport u Weess, Mais a Geescht. Am Verglach mat der ganzer EU importéiert Lëtzebuerg awer relativ wéineg direkt aus Russland an der Ukrain. Nëmmen 0,7 % vun den Direktimporte kommen aus Russland géint 7,5 % fir d'ganze EU, an 0,6 % aus der Ukrain géint 1,1 % fir d'EU. An och den Undeel, deen aus Belarus kënnt, ass ganz, ganz kleng mat 0,03 % bei eis.

Déi Direktimporte op Lëtzebuerg vu Produkter a Materialien aus Russland oder der Ukrain sinn also vun de Chifferen hier ganz kleng, well se meeschtens indirekt iwwer aner EU-Länner op eise Marché eréischt kommen.

Bon, mir sinn natierlech och indirekt staark impaktéiert, well dee ganzen europäesche Marché vill Matière-première aus deene Länner importéiert a mer aus deene Länner dann, wéi gesot, op Lëtzebuerg importéieren. Och d'Sanktiounen hunn natierlech en Effekt op eis, op verschidde Liwwerketten. Mir wëssen natierlech alleguer, dass et kee Wee ëm déi Sanktiounen do ronderëm gëtt an dass dee Sanktiounspak natierlech eng ganz wichteg Reaktioun ass géint dem Putin säin Aggressiounskrich.

Wat een och nach net weess a wat awer eppes ass, wat mer, mengen ech, net ganz um Radar hu fir de Moment, wat awer immers Konsequenzen huet potenziell, dat ass deen neie Shutdown, Lockdown, dee mer a China gesinn. Schanghai ass zum Deel bal ganz fir de Moment vun engem Lockdown betraff, an dat kritt, deene meeschten Experten an Observateuren no, riseg Impakter op déi weltwäit Ekonomie. Do gëtt et eng ganz Rei Liwwerketten, déi wäerten dovunner gestéiert gi voire ënnerbrach ginn. An dat ass eng Inconnue, bei där mer nach net richtig wëssen, wou mer dobäi erauskommen, mee déi een och muss ganz staark am Bléck hunn.

Ee Leitmotiv, dee scho während dem Covid-19 bei ganz ville Betriber komm ass – an dat ass d'Theema vun der Resilienz –, dat ass, dass een ëmmer méi als Betrieb oder als ganz Wirtschaftsbranche muss e Plan B hunn, dass ee muss agile sinn, dass ee sech muss anescht opstellen, dass ee muss alternativ Liwwerweeër hunn, fir op esou Krise préparéiert ze sinn. Dat ass e ganz wichtige Punkt.

An natierlech eng Strategie, déi mer och ganz staark encouragéieren als Regierung, dat ass déi vun der

Kreeslafwirtschaft. Mir wëssen, dass mer hei an Europa iwwerhaupt, mee zu Lëtzebuerg insbesonnesch ganz begrenzt Ressourcen hunn. A mir mussen vill méi staark nach op de Wee goen, fir d'Kreeslafwirtschaft weiderzebréngen.

Dir wéist, dass mer d'lescht Joer eng Strategie presentéiert hu mam Energieminister, mat der Ëmweltministesch zesummen, fir d'Kreeslafwirtschaft weiderzebréngen. An dat sinn, wéi gesot, alternativ Modeller, wou mer einfach hi mussen, well mer gesinn, dass mer eis mussen manner ofhängeg maache vu Liwwerunge vu Matière-première, déi zum Deel vu ganz wäit ewech kommen aus der Welt.

Dee ganze globaliséierte Wirtschaftsmodell iwwerhaupt muss iwwerduecht ginn, och am Kontext vun der Klimakris a vun der Kris vun der Biodiversitéit. An do kënnt e Systemwandel op eis duer, dat ass ganz kloer. An ech mengen, och déi europäesch Strategie ass dorobber orientéiert, dass mer eis vill méi strateegesch autonom maachen als Regioun, insbesonnesch a verschiddene strateegeschen Industrie wéi de Semi-conducteuren, wéi de Batterie vun Elektroautoen, an der Energie och natierlech.

Dat ass en Theema, wat fir de Moment natierlech extreem aktuell ass. An ech mengen, wann dee Krich, deen no där Pandemie komm ass, eppes gewisen huet, dann ass et, dass mer eis wirklech do musse Gedanken maachen, wéi mer eis als Europa do anescht opstellen an eis méi resistent, méi resilient maache par rapport zu deene villen Dependancen.

Bei den Energiepräisser – just nach dozou, well Der déi Fro och opgeworf hutt –, och do kann et nëmmen eng europäesch Äntwert ginn, grad ewéi bei den Approvisionnementproblemer. An do krut ech och den 21. Mäerz e Bréif vum Kommissär Breton zu de Versuerungsketten an der EU an der Sich no gemeinsame Léisunge fir eng Ënnerstëtzung op EU-Niveau. Dat heescht, déi Reflexioun ass amgang, déi leeft an do maache mer och mat. An natierlech begleeide mer och eis Entrepreneuren a Gremie wéi den Haut-Comité pour l'industrie an och an anere Gremien, wou mer wirklech se accompagnéieren an där ganzer Transitioun.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

## 6. Question élargie n° 125 de M. Laurent Mosar au sujet du site de production du groupe industriel Liberty Steel à Dudelange

Da komme mer elo zur erweiderter Fro Nummer 125 vum Här Laurent Mosar iwwert de Site Liberty Steel zu Diddeleng. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Jo, merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen: „D'Situatioun am Stollwierk zu Diddeleng ass fir déi Beschäftegte net méi ze erdroen.“ Dëst ass d'Ausso vum Gewerkschaftssekretär, dem Här Fornieri vum LCGB, an déi Ausso, mengen ech, beweist besser wéi all grouss Rieden, dass et eng Minutt éischter schonn no zwoelf wéi virun zwoelf am Stollwierk zu Diddeleng ass.

Ech si frou, dass haut déi Question élargie ka behandelt ginn hei an der Chamber, well haut e wichtigen Dag an deem Dossier ass: Haut tranchéiert nämlech d'Handelsgeriicht zu Léck definitiv iwwert dee Liquidatiounsplang vum belsche Wierk. A sollt déi Liquidatioun definitiv prononcéiert ginn, dann, mengen ech, ass et och esou, dass warscheinlech hei zu Lëtzebuerg d'Luuchte wäerten och definitiv ausgoen. Duerfir, wéi gesot, sinn ech frou, dass ech haut déi Fro nach eng Kéier ka stellen.



Et kommen awer och säit där leschter Kéier, wéi mer iwwert d'Situatioun vu Liberty Steel debättéiert hunn, nach zwee aner wichteg Elementer derbäi. Dat eent ass, datt anscheinend 100 Salariéen entre-temps d'Firma scho verlooss hunn, wat natierlech och de Fonctionnement vun deem Stolwierk ëmmer méi schwéier mécht, wann herno vill wichteg Leit net méi do sinn.

An dat drëtt neit Element am Dossier ass, datt de Plan de maintien dans l'emploi net akzeptéiert ginn ass, wat scho schlëmm genuch ass, mee an dësem Fall nach méi eng dramatesch Konsequenz kritt, nämlech datt doduerch och kee Chômage partiel méi kann un déi Leit ausbezuelen ginn. A wann ee weess, wéi kriddeleg d'Situatioun ass, mengen ech, datt dat sech sécherlech och fir d'Leit, déi schonn an enger och mënschlech onméiglecher Situatioun sinn, virun Ouschteren net wäert verbesseren.

Ech wollt duerfir haut un den zoustännegen Minister eng Rei vu Froen stellen:

Déi éischt ass natierlech – mir sinn haut den 30. –, ob de Minister vläicht schonn Informatiounen huet iwwert déi Decisioun, déi dann haut soll vun de belsche Gerichter definitiv kommen.

Zweet Fro: Ass d'Regierung op d'Eventualitéit vun enger Liquidatioun an der Belsch preparéiert? Well ech brauch Iech net ze soen, datt, wann dat géif antreffen, et warscheinlech hei direkt zu enger Cessation de paiement kënnt, mat enger uschlëssender Faillite.

Drëtt Fro: Wéi geet et viru fir d'Leit, déi do schaffen, déi net méi sécher sinn, datt se hir Pai kréien, wa se elo och an den nächste Woche kee Recht méi op e Chômage partiel wäerte kréien?

Véiertens, an dat hunn ech och scho gefrot: Ass dat esou, datt effektiv eng Rei Leit entre-temps demissionéiert hunn?

Fënneft Fro, an dat ass déi, déi mir jo schonn e puermol an der zoustänneger Kommissioun diskutéiert hunn: Wann et, wéi gesot, de Mëtten zu enger ganz negativer Decisioun zu Léck kënnt, wien hëlt eventuell d'Initiatiiv, fir eng Faillite anzefroen, wëssend datt déi Leit jo selwer net onbedéngt den Aveu wäerte maachen? Duerfir och d'Fro: Ass do eventuell envisagéiert, datt de Staat selwer oder staatlech Institutiounen déi Faillite géifen ufroen?

Sechstens, an do weess ech, datt de Minister eis warscheinlech net allze vill ka verroden – ech wëll och do net onbedéngt elo alles am Detail wëssen. Mee et ass jo gesot ginn, et wäeren eventuell Repreneuren, déi interesséiert wäeren. Ech wëll dat awer nach eng Kéier bestätegt kréien. An haaptsächlech ass do déi Suerg, mengen ech, déi och ganz vill Leit am Moment op deem Stolwierk hunn, datt et kee Repreneur industriel eventuell kéint sinn, mee erëm iergendwéi esou eng Sociéitéit vu Finanzjongleuren, wat jo absolut net kann a Fro kommen. Duerfir déi Fro, ouni datt de Minister sech elo iwwer eng Identitéit vun eventueller Repreneuren ausléisst: Kann en eis awer confirméieren, datt dat e Repreneur industriel wäert sinn?

An dann zweetlescht Fro: Wann et net sollt zu enger Reprise vun deem Stolwierk kommen, huet do dann och d'Regierung eventuell nach e Plan B?

An da lescht Fro: Mir wëssen – déi Leit, déi do schaffen –, firwat dat Stolwierk an där mësslecher Situatioun ass. Dat ass, well mer e Konkurrenzrecht hunn an der Europäescher Unioun, wat manifestement net adaptéiert ass. A wa mer och elo déi ganz Krise kucken, souwuel d'Covid- wéi och d'Ukrain-Kris, mengen ech, ass et absolut noutwendeg, datt mer do en neit Konkurrenzrecht kréien. An ech wollt och do de Minister nach eng Kéier froen, wou mer dru sinn.

Ech soen Iech schonn e grouse Merci fir all Är Äntwerthen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert, an dat ass nach eng Kéier den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Merci, Här President. Also Dir wësst jo, dass ech ëmmer gären an d'Chamber kommen, héchste Respekt hu virun der Chamber. Dir wësst och, dass ech am Fong d'Initiativ geholl hunn an dësem Dossier Liberty Steel, fir d'Chamber ze informéieren, insbesonnesch an der Ekonomieskommissioun, wou dat dëst Joer de 27. Januar war an de 17. Mäerz, also virun net grad zwou Wochen.

Säitdem ass net vill Neies dozou ze soen. Dat heescht, ech wäert Iech elo hei Saache soen, déi ech Iech am ëffentlechen Deel vun där Kommissioun do gesot hunn. Ech hunn der Kommissioun Saache matgedeelt ënnert dem Secret de délibération. An Dir wäert gutt verstoen, dass ech déi hei elo net op der Chambertribün virun dem Grand public wäert widderhuelen.

Et gëtt eng Zäit, wou ee Saachen an esou heikelen Dossiere wéi dësem no bausse ka soen, an et gëtt eng Zäit, wou een dat besser méi diskreet handhaabt. An ech hat gemengt, do hätte mer e Versteedemech zwëschen eis an och mat de Membere vun der Wirtschaftskommissioun. Dat schéngt net esou de Fall ze sinn, mee bon! Ech conforméiere mech natierlech ëmmer dem Wonsch vun der Chamber fir heihinnerzekommen, mee ech wäert Iech dat widderhuelen, wéi gesot, wat ech Iech virun zwou Wochen an der Chamberskommissioun gesot hunn.

Wéi Der effektiv an der Press konnt liesen, huet Liberty Léck dem belsche Procureur no net all seng Engagementer aus dem Plan de réorganisation respektéiert. Dofir ass eng Procédure de révocation vun dësem Plang an d'Wee geleet gi fir déi béid Wierker Tilleur a Flémalle. Den Tribunal de l'entreprise vu Léck huet dunno och ugefaangen, sech mat där Demande ze befaassen. Do war eng éischt Audienz de 16. Mäerz an eng zweet ass effektiv haut, zu där ech elo nach keng Neiegkeeten hunn. An et ass effektiv esou, dass eng Dissolutioun vun de belschen Entitéite vu Liberty Steel méiglech ass.

Den 3. Mäerz, dee selwechten Dag, wéi ech vun dësem Schratt gewuer gi sinn, hunn ech zesumme mat de Gewerkschaften dozou kommunizéiert, well natierlech d'Opreegung och zu Diddeleng verständlecherweis grouss war. An dat hunn ech gemaach souwuel bei den Aarbechter wéi bei Deeler vun der Direktioun.

Dat anert Element vun deem Lëtzebuurger Dossier, dat ass, dass mer jo probéiert haten, d'Sozialpartner probéiert hunn, e Plan de maintien dans l'emploi ze maachen zu Diddeleng, dat nodeem déi Norichte vu Léck komm sinn. Dee Plan de maintien dans l'emploi war am Fong gutt fortgeschratt an den Negociatiounen, konnt awer ni ofgeschloss ginn, och hei, well déi gefuerdert finanziell Engagementer vum Grupp Gupta ni komm sinn.

Dofir ass et haut wéi gëschter esou, dass e kredibelen, verbindleche Finanzierungsprojet fir den Diddelenger Businessplang weiderhi feelt, an do si mer ganz kloer an enger Impasse.

Wat mer elo decidéiert hunn ze maachen, dat ass: Well mer jo kee Plan de maintien dans l'emploi hunn, kënnen mer net weider Chômage partiel structurel ausbezuele fir Liberty Diddeleng, an dofir hu mer an der leschter Reunioun vum Konjunkturrot decidéiert fir opzehalen, de Chômage partiel ze bezuele fir

Liberty Steel Diddeleng. Dat heescht, déi kréien elo kee Chômage partiel méi, soudass se u sech hir Paie selwer mussen do iwwerhuelen.

Mir mengen, an d'Gewerkschaften mengen dat och, dass mer do laang genuch gewaart hunn an dass et elo duergaangen ass, fir do nach weider Chômage partiel ze bezuelen, wat mer och, mengen ech, juridiquement net méi à même waren ze maachen.

D'gemeinsamt Zil ass et a bleift et, fir Diddeleng eng industriell Solutioun ze fannen, fir e seriöse Repreneur natierlech ze fannen, deen dat Wierk do weiderbedreift, well et ass e Wierk, wat weiderhi Produiten hiestellt, déi gebraucht ginn, wou et eng Demande gëtt um Marché, souwuel an der Constructioun wéi och am Automobilsecteur. Et muss natierlech investéiert ginn. Et mussen eng Rei Saachen do aktualiséiert ginn. Et geet och natierlech drëm, hei d'Aarbechtsplazen um éischte Plang ze preservéieren. An dofir schaffe mer och weiderhi mat ganz vill Engagement un enger Solutioun, fir dat ze errechen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Wirtschaftsminister. Den Här Mosar huet eng Zousazfro.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, ech wollt awer fir d'éischt Positioun huele par rapport zu den Aussoe vum Wirtschaftsminister, déi ech absolutt net esou ka stoe loossen. Éischtens hat ech selwer schonn zweemol eng Question élargie zu deem Sujet gestallt. Et ass also net esou, datt hei d'Regierung ëmmer vu sech aus do an d'Ekonomieskommissioun komm ass. Dat war effektiv duerno de Fall, well mer dat och esou ofgemaach haten. An dës Question élargie, Här Minister, hunn ech scho virun enger Rei vu Woche gestallt an ech war d'accord – an ech schwätzen hei ënnert dem Contrôle vu menger Fraktiounschefin –, datt déi net géif geholl gi während e puer Wochen, well ech effektiv Verständnis hat an hunn, datt een a gewëssene Situatiounen net alles ka soen.

Et ass awer och esou, Här Minister, datt an deene leschten Deeg do munches geschitt ass, wat net hei ënner iergendeng Confidentialitéit fält, wéi zum Beispill déi Fro iwwert de Chômage partiel. An ech muss Iech soen, déi Leit, déi do schaffen, déi maache sech extreem vill Suergen an enger mënschlech ganz komplizierter Situatioun, an och hei d'Chamber.

An ech mengen, et ass normal, datt d'Deputéiert och wëllen doriwwer informéiert ginn. An ech hunn Iech hei acht Froen gestallt, do war net eng, wou ee kéint soen, hei géif et ëm eng gewësse Confidentialitéit goen. An ech hu souguer, wann Der mer nogelauschtert hutt, gesot, ech géif verstoen, datt Der näischt kéint iwwer e Repreneur soen – dat hunn ech ganz kloer gesot. Duerfir kann ech wierklech net akzeptéieren, elo Reproché gemaach ze kréien, mir géifen hei net eng gewësse Confidentialitéit respektéieren. Ech mengen, dat hu mer hei méi wéi jee gemaach an duerfir kann ech och do net mat Iech d'accord sinn.

Déi Fro, déi awer nach ganz wichteg ass, déi Der mer net beäntwert hutt an déi iwwerhaapt näischt mat Confidentialitéit ze dinn huet, ass déi: Ech verstinn, datt een de Chômage partiel net méi kann ausbezuelen aus juristesche Grënn. Dir hutt dat gesot. D'Fro stellt sech awer, ob déi Leit dann hir Pai wäerte kréien.

Mir sinn elo Enn Mäerz, et gëtt elo Abrëll, an dat ass awer eng weesentlech Fro an déi huet elo strictement näischt domat ze dinn, wéi et zu Léck wäert virugeen. Duerfir wäer ech awer frou, wann Der eis zumindest op déi dote Fro nach kéint äntweren.

Merci.

**Une voix** | Très bien!



**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Also den éischte Punkt ass, dass mer, Här Mosar, natierlech am enke Kontakt si mat de Gewerkschaften, déi dann natierlech och a Kontakt si mat der Belegschaft. Déi kréien all d'Informatiounen, déi mir och hunn. Do ass wierklech à tout moment eng perfekt Transparenz och an der Kommunikatioun vis-à-vis vun de Gewerkschaften. Mir deelen natierlech – an ech deelen – déi Suerge, déi d'Leit sech maachen ëm hir Aarbechtsplaz. Dat ass eng Situatioun, déi elo méi wéi ee Joer laang dauert, déi net besser gött. Dat wësse mer allegueren an dofir schaffe mer och un enger Solutioun.

Dir hutt mer awer eng Rei Froe gestallt an ech appreciëieren och, dass Der d'accord waart, fir Är Question élargie ze verleeën, nodeem ech jo bei Iech an der Kommissioun war an Iech eng ganz Rei Informatiounen ginn hunn och am Huis clos, déi ech net kann an der Effentlechkeet ginn, well et negociéiert een net an der Effentlechkeet. Mee et sinn eng Rei Saachen, déi Der mech frot, déi ech Iech net ka soen, an Dir wësst dat och, dass ech Iech dat net ka soen. Wann Der mer Froe stellt iwwert d'Liquiditéit oder wann Der mer Froe stellt: „Wéini geet dee Betrib dann elo faillite?“, da kann ech Iech dat natierlech net soen, och zum Deel, well ech et selwer net weess. Oder wann Der mech frot, wien dann elo de Repreneur ass, ob dat dann elo e seriösen ass oder ob dat erëm iergendee Finanzjongleur ass. Gitt emol dovunner aus, dass mer net e weideren onseriöse Patréiner do siche ginn, mee een, deen dee Betrib do seriö weiderféiert.

Dat heescht, Dir stellt mer hei Froen an enger Phase vun dësem Dossier, déi extreem kritesch ass, nodeem mer effektiv elo opgehalen hunn, de Chômage partiel ze bezuelen, wou ech, wéi gesot, ëmmer transparent war par rapport zu den Deputéierten. Ech hunn Iech eng ganz Rei Informatiounen ginn am Huis clos, mee et sinn eng Rei Saachen, déi kann ech natierlech net op der Chambertribün soen. A wann Der mech trotzdeem da gären hei undanze loosst, fir Iech da Saachen ze soen, da maachen ech dat gären, mee Dir musst awer och verstoen, dass ech op verschidde Froen net kann äntweren.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Also, Här President, dat do kann ech net akzeptéieren, wann hei gesot gött, en Deputéierte géif e Minister „undanze“ loosse. Ech mengen, hei ass et dat fundamentaalt Recht vun all Deputéierten, kënnen eng Question élargie ze stellen. An ech verbidde mer, hei gesot ze kréien, ech géif Ministeren undanze loosse!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech ginn nach eng leschte Kéier d'Wuert zrëck un den Här Wirtschaftsminister. Da muss mer awer esou lues zum Schluss kommen, well d'Riedezäit souwuel vum Froesteller wéi och vum Minister verbraucht ass.

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Nee, et ass gutt. Ech danzen elo zrëck op mäi Pult an ech kommen da souwiesou nach e puermol zrëck.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Dir hutt et net esou gemengt, Här Wirtschaftsminister, ech huelen dat un.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools.

## 7. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la mise en œuvre de l'étude Rifkin

D'Chamber féiert de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Ëmsetzung vun der Rifkin-Etüd, déi d'CSV-Fraktioun ugefrot huet.

An ech géif d'Wuert direkt un déi honorabel Madamm Diane Adehm am Numm vun der CSV-Fraktioun ginn.

### Exposé

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 2016 gouf mat grousser Pomp dem amerikanesche Guru Jeremy Rifkin seng drëtt industriell Revolutioun virgestallt. Dës Etüd soll Wuelstand fir déi nächst 40 Joer garantéieren, sou huet et zumindest geheescht deemools.

Am Wirtschaftsministère huet entre-temps den Haushär changéiert an de Rifkin-Plang gouf op d'Kopp gehäit. Rezent war am „Lëtzebuerger Wort“ en exzellenten Artikel ze liesen, an deem de Wirtschaftsminister behaupt huet, de Rifkin-Prozess wier ofgeschloss an et géif een enger neier Wirtschaftsstrategie schaffen, déi d'Prioritéiten net nëmmen op de Wuesstum leet. Haut ass de Rifkin also Geschicht an d'Fro stellt sech, wat iwwregbliwwen ass.

Fänke mer u mat engem Bléck op de Volet Energie. Hei ass u sech am meeschten ëmgesat ginn. Den „Internet of Energy“ ass geschwënn a Betrib an e wäert et ons erméiglechen, eise Bedarf u Strom an Energie intelligent ze steieren. En normale Stot wäert an Zukunft souwuel Energie consomméiere wéi och Stroum produzéieren op sengem Daach mat der Fotovoltaik, deen en da kann an d'Netz aspeisen. Dat heescht, d'Leit ginn zu dem „prosumer“.

Hei sinn zwee Gesetzter dozou gestëmmt ginn an den néidege juristesche Kader gouf en place gesat. Wa mir awer wëlle konsequent sinn, da muss de Staat och selwer mam gudde Beispill virgoen. Vun insgesamt 1.500 effentleche Gebaier sinn der nëmme 40 mat Fotovoltaik ausgestatt an 19 mat enger Solarthermieanlage. Dës ass richteg moer a mir riskéieren, eent vun den Ziler aus dem PNEC ze verfeelen: fir bis 2025 all effentleche Gebaier mat Fotovoltaik auszustatten. A wa mir d'Energieklass vun den effentleche Gebaier kucken, respektiv wéi dës Gebaier gehéizt ginn, da mussen déi zoustänneg Ministeren nach mindestens zwou gutt Schëppen uleeën.

Och bei der Mobilitéit läit nach viles am Uergem, obschonn dës en ambitiöse Secteur ass, fir deen de Rifkin vill virgesinn huet. D'Zil ass et hei, komplett emissionsfräi ze ginn an noer Zukunft. D'Regierung setzt dofir haaptsächlech op d'Elektromobilitéit, den effentlechen Transport an d'Mobilitéé douce.

Mir fannen et net gutt, dass d'Regierung fir d'Mobilitéitswend bal exklusiv alles op eng Kaart setzt. Wëlle mir wierklech eng emissionsfräi Mobilitéit, da brauche mir Technologieoppenheet an dierfen aner Alternative wéi synthetesch Brennstoffe oder Waasserstoff net vergiessen.

De Vëlo als Alternativ, fir sech komplett CO<sub>2</sub>-fräi fortzebeweegen, verlaangt sécher Vëlosweeër. Wann ech awer dann eng Gemeng kucken, aus där ech kommen, wou mer e sëllegen Entrevuen hate mat Leit aus der Naturverwaltung, iwwer 100.000 Euro an Etüde gestach hunn, fir dann duerno nach e Refus ze kréie vun der Naturverwaltung, da kann ech just nach soen: Do geet mir den Hutt héich an ech verstinn d'Welt net méi!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | Et ass wéi mat de Schmuebelen zu Ettelbréck.

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Voilà! Et ass wéi mat de Schmuebelen zu Ettelbréck bei der Gare.

(Brouhaha)

Voilà! A wa mer grad bei der Mobilitéit sinn, do wier et an eisen Aen och wichteg, ...

(Interruption)

... fir weesentlech méi op d'Sharing Economy zrëckzegraifen, well och dës ass en zentrale Bestanddeel

vun der Rifkin-Etüd. Wann een eppes brauch, soll een et net onbedéngt kafe goen, mee et kann ee sech et mat senger Matmënschen deele respektiv ënnereneen ausleinen. Ech denken do un de vel'OH!-System, wou ech dann och aus menger Gemeng schwätze kann, wou et vill Diskussiounen waren, fir dass d'Nopeschgemenge sech da konnten un de Stater Vëllossystem uschlëssen.

Och Carsharing ass eng Méiglechkeet. Am ländleche Raum gött net vill vu Carsharing geschwat, an hei misst eigentlech de Mobilitéitsminister dohinnegeen an ënner senger Federführung e Carsharingsystem fir d'ganz Land aféieren.

Här President, d'Rifkin-Etüd ënnersträicht och d'Wichtigkeit vun enger kohärenter Startuppilolitik, wou leider déi lescht Jore hei zu Lëtzebuerg net vill geschitt ass. Mir sinn nach ëmmer keng Startupnation. Fir d'Lëtzebuerger Industrie wier eng erfollegräich Start-upstrategie awer wichteg, fir endlech erëm eng Virreiderroll an Europa ze iwwerhuelen, esou wéi dat mam Finanzsecteur an dem Satellittesecteur de Fall ass. Hei schwätzt de Rifkin vu „smart solutions“ fir d'Industrie vu muer. Et sollen technologesch Plattformen fir d'Industrie ageriicht ginn an d'effentlech Fuerschung soll verstärkt ginn.

D'Realitéit an der Industriepolitik ass awer leider ee FAGE-Dossier, deen net usazweis an dem Rifkin seng Strategie vun enger nohalteger a moderner Wirtschaft erapasst a schlussendlech dem Land och nach geschuet huet. Esou dierf Industriepolitik hei zu Lëtzebuerg net fonctionéieren.

D'Finanzindustrie par contre ass dem Rifkin sengem Rot gefollegt an huet sech zu enger vun de bedeiendste grénge Finanzplazen entwéckelt a bitt Investisseuren nohalteg Investitiounsméiglechkeeten un.

Och de 5G muss an Zukunft nach vill méi ausgebaut ginn, fir kënnen als Land kompetitiv ze bleiwen.

Fuere mer weider mam Rifkin senger Offallgesellschaft, wou e seet, déi soll sech weiderentwéckelen zu enger Kreeslafwirtschaft. Den Offall soll als Ressource weiderverwäert ginn an doduerjer soll den Impakt op d'Ëmwelt minimiséiert ginn. Dës ass eng Rëschance fir eis Land, mee leider huet d'Regierung bis elo haaptsächlech eng Strategie virgestallt, gesinn hu mir nach net ganz vill.

Do kann ech erëm eng Kéier op meng Heemechtsgemeng zrëckkommen, wou mir amgang sinn, eng Schoul ze bauen nom Prinzipp „cradle-to-cradle“. An ech géif eigentlech jidderengem heibanne roden, sech emol eng Kéier esou Projeten ukucken ze goen. Do gesäit ee, wat et heescht, wann ee mat nohalteger Materialie baut a wann een d'Chance huet, dass een déi Materialien, wéi an dësem Fall Holz, och nach a sengen eegene Bëscher fënnt. Dat ass wierklech e ganz interessant Beispill, Här Minister, an ech géif Iech invitéieren, fir Iech dat eng Kéier ukucken ze kommen.

Kompetitiv Wirtschafte spezialiséiere sech oft an Nischen an errechen dann Exzellenz. Mee da kommt, mir ginn eis als Lëtzebuerg d'Zilsetzung, dass mer bis 2030 an der Économie circulaire en internationale Spëtzerreider ginn, well esou maache mir net nëmmen eppes fir eis Ëmwelt, mee mir schafen och nach ganz vill Aarbechtsplaze fir eis Land.

Här President, bis elo gouf et nach net vill Diskussiounen iwwer nei Aarbechtsmodeller. Wéi gesäit eis Aarbecht an Zukunft aus? Wat geschitt, wann alles méi digital gött? Sinn eis jonk Mënschen an der Schoul genuch préparéiert op eng digital Aarbechtswelt? Et geet net duer, eng Informatiksektioun an eise Schoulen ze schafen oder e Coding anzeféieren. Wat geschitt mat de Mënschen, déi aktuell um Aarbechtsmarché sinn? Si



musse forméiert ginn op eng nei Aarbechtswelt. A wat geschitt mat de Mënschen, déi an där neier digitaler Aarbechtswelt net méi matkommen?

Och den Teletravail ass nach ëmmer net richteg gereegelt. Während der Pandemie ware mir alleguerter frou, dass et den Teletravail gouf, well doduerjer eis Wirtschaft awer relativ gutt duerch d'Pandemie komm ass, an haaptsächlech de Finanzsektor an de Servicesektor. Elo liesen ech an den Zeitungen, dass d'Konventiounen mat eisen Nopeschlänner no an no auslafen. Firwat gouf net vun der Pandemie profitéiert, fir eng definitiv Léisung mat eisen Noperen hei ze fannen?

Och den Nohaltegkeetscheck gëtt et nach ëmmer net, obscho schonn zënter 2013 dovunner geschwat gëtt.

Haut hu mer zousätzlech zu der Pandemie och nach Krich an Europa, e Krich, vun deem mer net wëssen, wat en eis brénge wäert. An dësen Zäite kritt de Begrëff „Resilienz“ vun eiser Wirtschaft eng ganz nei Bedeitung. Mir errechen eis Ziler fir vun de fossilen Energien onofhängeg ze gi vläicht vill méi séier, wéi mer denken. An trotzdem bleiwe vill Froen iwwert d'Zukunft opstoen.

Eng ganz konkreet Fro musse mir eis awer haut selwer stellen: Wieren déi Saachen, déi mer erreicht hunn, ouni de Jeremy Rifkin net zustane komm? Ech hunn éierlech gesot misse laachen, wéi ech am Hierscht an der Press en Opuerf gelies hunn, dass een all Projet, dee kéint ënnert d'Rifkin-Strategie falen, soll beim Ministère mellen. Dat kléngt net wierklech no enger Strategie vum Ministère. Hei gëtt éischter d'Päerd vun hinnen opgesuedelt a verzweifelt alles an de Rifkin agepaakt, wat een nëmmen iergendwou fënn. An eisen Ae war dat Ganz éischter eng Étienne-Schneider-Show wéi eng weeweisend Strategie fir d'Lëtzebuurger Wirtschaft.

Fir modern, digital an innovativ ze ginn, brauch ee kee Jeremy Rifkin an et brauch een och keng Honnerte Strategiepabeieren. An esou Zäite wéi deenen heiten, wou onst Liewen an ons Wirtschaft innerhalb vun zwee Joer e puermol op d'Kopp geworf goufen, stellt sech souwiesou d'Fro, wat d'Strategien haut nach wäert sinn.

Wat mir haut vill méi brauchen, sinn Ziler, wou mer all Dag op en Neits probéieren sollen, se ze errechen. Mir brauchen eng méi diversifiéiert Wirtschaft, déi resilient ass, wann et zu Krisen kéint, an d'Ëmwelt net ze vill belaauscht. A mir brauchen Mënschen, déi motivéiert sinn, an esou Betriber ze schaffen, an déi sech an der digitaler Welt erëmfannen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Aehm.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. André Bauler (DP)** | Merci. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ufangs d'lescht Joer hat ech dem Här Wirtschaftsminister eng erwidert Fro gestallt, fir gewuer ze ginn, wéi et mat der Ëmsetzung vun der Rifkin-Strategie wier, wéi et ëm déi steet. An de Georges Engel, deemools nach Deputéierten, hat am Juli vum leschte Joer nach eemol nogefrot, wou den „État des lieux“ dru wier. Haut befaasse mer eis dann nach eemol mat deem Thema, dat op Wonsch vun der Madamm Aehm, déi eis och an engem gewëssene Mooss e Resümee gemaach huet, fir an d'Matière anzeféieren. Dat erspuert mir déi Aarbecht.

De Wirtschaftsminister huet e puermol hei an der Chamber betount, dass him dëse Prozess, de Rifkin-Prozess, um Häerz géif leien, virun allem eeben, fir eng nohalteg, widerstandsfähig an energieeffizient Ekonomik ze entwéckelen. Ech hunn dat Lëtzeburger Wuert „widerstandsfähig“ léiwer, well „resilient“, dat kléngt ëmmer e bëssen héich intellektuell. Eng widerstandsfähig Ekonomik, dat ass dat, wat am Fong geholl gemenzt ass, fir Schocken, diverse Schocken – an den Här Minister huet se virdrun och ugeschwat – besser Rechnung ze droen, fir déi besser ze affrontéieren.

Voilà, dat kléngt och alles ganz gutt, ma dat kann een awer nëmme schrittweis ëmsetzen. Oder, fir mam Ekonomist René Winkin ze schwätzen, deen ech dann nach eemol beméien, deen am November op RTL dat heite gesot huet – ech zitieren de René Winkin –: „Et geet just net duer, Saachen ze verbidden, se verdeieren, et brauch och valabel Alternativen, soss gi Knappheet an Deierecht zu chronische Problemer an erfuerdere Verzicht.“ Zitat Enn oder Enn vum Zitat.

D'Ziler, déi an der Rifkin-Strategie definéiert goufen, si méi wéi jee aktuell. Dat wësse mer alleguer. An der leschter Zäit ass vill Onerwaartes geschitt. Eng Pandemie an e Krich matzen an Europa, fir just zwou Saachen ze nennen. Alles dat sinn natierlech Ereegnesser, déi en Afloss op d'Strategie an hir Ëmsetzung hunn. Nei Aspekter mussen an dës Strategie integréiert ginn. Ech denken do un d'Widerstandsfähigkeit vis-à-vis vun externe Schocken, wéi eeben eng Pandemie oder e militäresche Konflikt. Dozu gehéiert besonnesch d'Sécherstelle vu Liwwerketten. Och déi nei Obligatiounen, fir den CO<sub>2</sub>-Ausstouss ze verëngerer, an all aner Efforten, fir de Klimawandel ze begleeden, spillen eng wichteg Roll an deem Kontext.

Mëttlerweil ass och den „État des lieux 2021“ (ndlr: Étude stratégique de la 3<sup>e</sup> révolution industrielle pour le Luxembourg – État des lieux 2021) publizéiert ginn. Wann een duerch dat déckt Dokument blediert, da mierkt een, dass effektiv sou munchen an de leschte fënnf Joer geschitt ass. Ettlech Projekte goufen ëmgesat a Gesetzer goufen hei an der Chamber gestëmmt, déi an de Kader vun der Rifkin-Strategie passen, mee net onbedéngt direkt als dat ze erkenne waren. Et kéint een also behaapten, dass d'Rifkin-Strategie ëmgesat gouf, ouni dass de Grand public dat vläicht bewosst matkrut.

Wéi geet et dann elo weiter? Wann ech d'Annonce um Internetsite vun der drëtter industrieller Revolutioun richteg verstanen hunn, ass et elo eriwuer mat der Rifkin-Strategie en tant que tel. D'Viraarbechten an d'Leitinnen, déi jo deels nach ganz aktuell sinn, sollen an engem anere Kader, deen och natierlech dem Wirtschaftsminister ënnerläit, weidergefouert ginn. Déi sougenannt Direktioun „Luxembourg Stratégie“ soll also d'Rifkin-Strategie iwwerhuelen, un nei Erausforderungen upassen a sécherstellen, dass eis Wirtschaft méi widerstandsfähig gëtt.

Fir mech stelle sech awer heibäi e puer Froen:

Éischstens: Wéi gesäit dës Strategie konkreet aus? Kann ee se nach eng Kéier aktualiséieren a méi genee beschreiwen?

Zweetens: Fanne mer iwwerhaupt genuch qualifizéiert Leit mat deem néidegen Knowhow, fir dës Ziler ëmsetzen? Dat ass e bëssen de Corollaire zu deem, wat d'Madamm Aehm éinescht am Kontext „I“ wéi Informatik ugeschwat huet.

Drëttens: Wat fir Produktiounen an Transformatiounen wëlle mer an Zukunft prioritär ënnerstëtzen?

Véiertens: A wa mer nei Aktivitéiten wëllen unzéien, hu mer iwwerhaupt genuch Terrainen, fir dass se sech kënnen usidelen?

Fënneftens: Sinn nach ëmmer Betriber interesséiert, fir op Lëtzebuerg ze kommen? vill Succès, vill Erfolleg hunn eis Prospektiounen am Ausland? Wéi steet et also ëm eis Attraktivitéit? Och e villbeschwuere Sujet vum Här Mosar.

A sechstens: Gëtt et reell Fortschreitter, wat d'Kierzen an d'Koordinéierung vun de Prozeduren ugeet?

Dat sinn alles wichteg Froen, op déi déi nei Strategie Äntwerte liwwere muss.

Den Här Wirtschaftsminister kann eis bestëmmt och preziséieren, ob och an Zukunft weider den Input vun externe Partner ageholl gëtt. Si sinn nämlech no um Terrain a wëssen, wat vun der Politik erwaart gëtt.

Fir eis ass et also wichteg, dass mer eng Strategie hunn, déi kloer definéiert, wéi eis Wirtschaft sech soll an Zukunft opstellen. Fir eis ass et awer och, an dat wëll ech zum Schluss soen, essenziell, dass d'Betriber, déi mer unzéien oder déi sech transforméieren sollen, Planungs- a Rechtssécherheet hunn an dass mer och als Standuert Lëtzebuerg weider steierlech attraktiv bleiwen. Well sollt an Zukunft duerch een oder méi Ëmstänn mander Kuch gebak ginn, da kéint es och mander verdeelt ginn, däers musse mer eis ëmmer nees bewosst sinn!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeit.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bauler. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Francine Closener (LSAP)** | Villmools merci, Här President. Sechs Joer ass et hier, dass de Rifkin-Prozess zu Lëtzebuerg lancéiert gouf, mam Zil, eisem Land en nohalteg Wirtschaftsmodell ze ginn, wou de Strukturwandel ewech vun der fossiler Wirtschaft hin zu engem ökologesche Modell acceleréiert a begleitet gëtt, wou d'Zesummespill vun Internet, Technologie an erneierbaren Energien awer och zu neien, besseren tëschemenschleche Relatiounen sollt féieren, en Aspekt, dee leider an der öffentlecher Debatt vill ze dacks ze kuerz kéint.

**Une voix** | Genau!

**Mme Francine Closener (LSAP)** | Méi smart, méi ëmweltfrëndlech a méi sozial, dat war d'Visioun fir Lëtzebuerg. An dat ass se och haut nach ëmmer. An et gouf och deemools de Fokus drop geluecht, d'Bierger vun Ufank u matzehuelen.

Haut, sechs Joer méi spéit, gesi mer, wéi wichteg a virausschauend et war, fir dee Prozess deemools unze fänken. Wat awer och zanterhier deem Prozess zum Deel huet missen eng aner Nues ginn, war natierlech d'Pandemie. Op där enger Säit huet d'Pandemie d'Digitaliséierung enorm virugedriwwen. Viru véier Joer war den Teletravail eng Raritéit. Homeschooling hu mer iwwerhaupt guer net kennt. A vun haut op muer hu mer eis am März 2020 ganz missen ëmstellen, komplett missen op dat Digitalt setzen. Dat hu mer zu Lëtzebuerg bei Wäitem besser hikkritt wéi ganz vill aner Länner, eebe well mer schonn a ganz villen Hisiichte gutt opgestallt waren.

D'Pandemie huet natierlech och nach eemol gewisen, wéi grouss eis Ofhängegkeet vun internationale Produktiouns- a Liwwerketten ass, Stéchuert: materiell Enkpäss. Och dat ass jo e Punkt, op dee mer fir d'Zukunft besser virbereet musse sinn, méi eegestänneg musse ginn. An de Minister huet virdru schonn d'Detailer ginn. En ass jo drop agaangen, och op deen enormen Impakt vum Krich an der Ukrain.

Op där anerer Säit ass awer d'Klimakris an der Tëschenzäit net mander akut ginn. An déi Ofhängegkeet



vun där fossiller Energie, aus där mer eraus wëllen an elo och ganz sécher eraus mussen, déi Ofhängegkeet kréie mer jo Dag fir Dag virun Ae gehalen.

Fir eis muss grad e Land wéi Lëtzebuerg, mat deene Moyenen, déi mir hunn, alles drusetzen, fir vun där fossiller Energie ewechzekommen, a vun deene virun allem, déi d'Hand drop hunn, onofhängeg ginn. Dat geet net, ouni datt Privatleit, ouni datt d'Betriber och ënnerstëtzt ginn. Dat mécht de Staat. An dat ass och gutt esou!

De Staat muss awer och onbedéngt selwer mam gudden Beispill virgoen. An d'Diane Aehm huet et virun ernimmt: vu 1.500 ëffentleche Gebaier wieren der grad emol 40 mat enger Photovoltaikanlag ekipéiert. Dat hunn ech och gelies. Dann ass do awer nach zolidd Loft no uewen!

Här President, fir zrëckzekommen op de Rifkin-Prozess, zejoert gouf en Tëschebilan, en „État des lieux“ gemaach. Déi 49 strateegesch Moossname goufen analyséiert. Villes gouf ëmgesat. Villes bleift nach ze maachen.

Ech stelle virun allem eng Prise de conscience fest. Wéi ech 2014 d'Éier hat, zesumme mam Camille Gira déi éischt strateegesch Etüd iwwert d'Économie circulaire ze lancéieren, du war dat eigentlech just Insider e Begrëff. Haut ass d'Kreeslafwirtschaft in aller Munde. Cradle-to-cradle, Upcycling sinn in. De lineare Modell geréit besonnesch bei der jonker Generatioun a Ver-ruff. Zeg an zeg Entreprisë baséieren hire Businessmodell um Konzept vun der Circular Economy.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Nach ass vill ze dinn, fir datt de juristeschen a fiskale Kader stëmmt. An ech géif d'Regierung hei wärmstens encouragéieren, weider a konsequent op dee Wee ze goen. Lëtzebuerg muss a kann hei zu de Virreider gehéieren. An duerfir begrëssen ech och de politesche Wëlle vum Wirtschaftsminister, deen nohaltege Wee konsequent weiderzegoen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Fir eng Wirtschaft, déi resilient, nohalteg, eeben zukunftsfaeg ass, brauch een eng holistesche Approche. Et muss ee sech op seng Stärken besinnen a seng Schwächen bekämpfen. D'Digitaliséierung an d'Notze vun den Donnéeën spillen haut méi wéi jee eng zentral Roll. An et geet net duer mat der néideger Infrastruktur. Datenzentere si wichteg. 5 G ass wichteg. Mee et brauch ee virun allem awer déi néideg Kompetenzen a Strategien, wéi een déi Date sënnvoll zesummebréngen an notze kann. Et ass an deem Kontext gutt a richtig, datt Lëtzebuerg sech och als Hub am Beräich vum HealthTech positionéiert. Mir hunn do ganz vill Potenzial.

A fir all dat gëtt et eeben e Fuerplang mam Numm „Luxembourg Stratégie“. Deem seng Aufgab ass et, déi drëtt an déi véiert industriell Revolutioun weider ze begleeden, virun allem déi strateegesch Ausrichtung vun eiser Ekonomik op laang Siicht ze bestëmmen. Laangfristeg, dat ass d'Stéchwuert. Wéi wëlle mer da muer dostoen an iwwermuer? Wat wëlle mer eise Kan-ner hannerloossen? Wéi eng Welt? Wéi e klenge Stéck vun där Welt hei zu Lëtzebuerg? Mat wéi engem Wirtschaftsmodell? Mat wéi enge Perspektiven?

Dass d'LSAP-Ministerei am Wirtschaftsministère deesen Challenge ugaange sinn, weider uginn a probéieren, op déi verschidde Froen eng Äntwert ze fannen, dat kënne mir als LSAP nëmme begrëssen. Déi participativ Approche stoung am Rifkin-Prozess am Vierdergrond. A si ass et och beim Nofolger, der „Luxembourg Stratégie“.

Et gëllt elo, d'Observatiounen aus dem „État des lieux“ an d'Praxis ëmzesetzen, do besteet keen Zweifel. Et gëtt handfest Fortschreitter an der Smart Economy, zum Beispill d'Cybersecurity, natierlech och en extreem wichteg Thema am Kontext mam Krich mat Russland, oder awer och bei der energieetescher Transitioun. An anere Beräicher, an der Industrie, jo, do ass et och net esou einfach, dat vun haut op muer mir näischt dir näischt alles ëmzesetzen. Ech denken, d'Industrie ass sech awer och méi wéi jee bewosst, dass dat nëmme esou ka goen. Och d'Konzept vum Prosumer muss developéiert an ëmgesat ginn.

D'Objektiver sinn do, d'Instrumenter zum gréissten Deel och. An eeben d'Prise de conscience huet hire Wee gemaach.

Léif Kolleginnen a Kollegen, déi Erausforderung, virun där Lëtzebuerg momentan steet, virun der Pandemie an duerno, virum Krich an duerno, dat ass ganz kloer de Logement. An och hei si kloer Pisten opgezechent. Och hei ass et un der ëffentlecher Hand, um Staat, un de Gemengen, mam gudden Beispill virzegoen. Wéi wëlle mer muer bauen a wunnen? Dat si Froen, déi muss beäntwert ginn. Natierlech muss méi gebaut ginn, mee dat vill méi smart an nohalteg a gläichzäitig awer och abordabel. Éco-quartiers ass d'Stéchwuert.

A Resilienz oder „Widderstandsfäegkeet“, wéi den Här Bauler et léiwer huet, ass fir mech d'Wuert vun eiser aktueller Zäit. Et ass gutt, datt mer weider kollaborativ zesummen dorunner schaffen, Lëtzebuerg, seng Wirtschaft a seng Gesellschaft méi resilient ze maachen. Mir wëssen all, wéi wichteg dat ass. An d'Regierung huet, wa se op deen dote Wee geet, eis vollsten Ënnerstëtzung.

Merci.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Closener. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, loosst mech kuerz de Kontext setzen: Mir hate bei der Rifkin-Etüd zwee grouss a laangfristeg wirtschaftlech Defien: Den éischte war d'Dekarbonisatioun an d'Klimaneutralitéit bis 2050, deen zweete war d'Digitalisatioun an d'Automatisatioun, fir eebe méi eng ressourceneffikass Energie ze kréien.

Déi drëtt industriell Revolutioun reit sech zu engem gudden Deel awer elo schonn an eng Strategie a verschidde Pläng an, déi d'Regierung schonn huet. Déi aktuell Krichssituatioun weist eis op en Neits, wéi wichteg et ass, datt mir dese Prozess virundreiwen an ons Ekonomik onofhängeg vu fossillen Energien an domadder och vun Autokrate maachen.

Mir gesinn, datt geopolitesch Facteuren nees u Wichtigkeet gewannen. An déi Konklusioun konnte mer och scho bei der Covidkris zéien, dass mer méi resilient Liwwerkette brauchen, wat och bedeit, datt mer allgemeng nees méi regional musse produzéieren.

Loosst mech och e klengen Tëschebilan vun der drëter industrieller Revolutioun maachen. Mir sinn an deene leschte Joren a ville Beräicher scho gutt virukomm. Ech zielen Iech der e puer op, d'erneierbar Energien zum Beispill. Mir hunn eng Verdräifachung vun der erneierbarer Stroumproduktioun zu Lëtzebuerg säit 2012. Besonnesch bei de Wandmillen ass den Trend impressionnant. Säit 2016 hu mir méi wéi eng Verdräifachung vun den installéierte Capacitéite gehat.

En anere Schratt ass am Fong och den Eegeverbrauch. Mir hunn elo e Gesetz, dat deen erlaabt. An duerch déi

nei PRIME House, déi mer muer wäerten hei an der Chamber presentéieren a stëmmen, gëtt dat Ganz en plus nach mat Subventiounen weider ënnerstëtzt.

Energieeffizienz: Erhéijung vun de Primme fir energieetesche Renovatioun am Kader vun der Covidrelance hate mer scho kritt. An elo wäerten déi, wéi gesot, nach eng Kéier am Kader vun der PRIME House eropgesat ginn.

Mobilitéit: E gratis ëffentlechen Transport an déi héchst Pro-Kapp-Investitiounen an der Moyenne an Europa. Elektromobilitéit: D'Part vun den neien Immatriculatiounen, wat d'Elektresch ugeet, ass säit 2020 rasant eropgaangen.

Économie circulaire: D'Offallgesetz ass a senger leschter Ligne droite. A mir hu mëttlerweil ganz urban Konzepte, op déi mer eis baséieren, fir nei Quartieren ze entwéckelen, fir nëmme Neischmelz zu Diddeleng ze nennen.

Och positiv ervirzehiewen ass d'Bedelegung vun de Bierger a Biergerinnen. Fir eng besser Planung an Entwécklung hu mer do e puer Konzepte, ech nennen Iech der just dräi: zum Beispill Luxembourg in Transition, Biergerkomitee Lëtzebuerg 2050 an de Klima-Biergerrot – wéi gesot, fir der just dräi ze nennen.

Wann ee sech dee leschten „État des lieux“ vum Rifkin-Prozess ukuckt, gesäit een awer, datt mer nach e wäite Wee virun eis hunn. Konkreet Beispiller sinn hei d'Landwirtschaft – haut si mer just bei e bësse méi wéi 5 % biologesch bewirtschaftete Flächen zu Lëtzebuerg, woubäi mer 2025, dat heescht an dräi Joer, op ganzer 20 % sollte kommen – an d'Finanzen: Och wa mer e Fortschreitt an den nohaltege Finanzen haten, bleiwen d'Klimaschiedlech Investissementer awer nach ëmmer d'Norm op eiser Finanzplaz: just 4 % vun de Fongen investéieren unhand vu konkreten Nohaltegekeetsziler.

Déi grouss wirtschaftlech Defie bréngen, wéi gesot, awer och Opportunitéiten a Chancé fir eis Ekonomik, mee awer och Nieweneffekter. An et ass do, wou d'Politik muss eng Äntwert drop hunn. D'Flexibiliséierung bei der Aarbecht zum Beispill, e bessert Encadrement vun den Aarbechtszäiten. Do muss ech awer och soen, datt e Projet de loi ënnerwee ass, fir en Droit à la déconnexion am Aarbechtsrecht ze verankeren. Mir sollen awer och eng Diskussioun iwwert d'Reduktioun vun den Aarbechtszäite féieren. Dat bescht Beispill sinn eis belsch Noperen: Déi sinn elo op véier Wochendeeg bei gläichbleiwender Aarbechtszäit erofgaangen. Och déi Diskussioun soll hei zu Lëtzebuerg gefouert ginn.

D'Transformatioun vun der Wirtschaft werft also och eng Rei sozial Froen op. Wéi a wéi laang wëlle mir an Zukunft schaffen? Wéi kënne mer d'Digitaliséierung esou encadréieren, dass mer u sech keng Prekari-téit schafen, sou wéi mer dat Ganz zum Deel bei de Plattformen kennen? Hei gräift och d'Rifkin-Strategie ze kuerz.

Och a puncto Klima stelle sech sozial Froen: Wéi kënnen mer d'Klimatransitioun esou hikréien, datt jidderee matgehoht gëtt? Hei hunn ech och zwee konkret Beispiller: D'CO<sub>2</sub>-Präisser goufen duerch Steierkreditte sozial opgefaange fir déi Stéit, déi manner verdréngen; an d'Reform vun de Primme fir energieetesche Sanéierung mam Zil, datt an Zukunft d'Sue virgestreckt solle ginn (veuillez lire: datt an Zukunft d'Suen net méi virgestreckt solle ginn). Et bleiwen, wéi gesot, nach weider Froen an Diskussiounen op.

Ech kommen da kuerz zu menger Konklusioun. De Prozess vun der drëter industrieller Revolutioun war e gudden Ustouss an déi richtig Richtung, fir eis Ekonomik fit fir d'Zukunft ze maachen. Et goufe säitdem vill Fortschreitter gemaach, mee mir hunn awer nach e wäite Wee virun ons. Elo gëllt et awer, d'Prozedur



weider mat konkrete Projeten ze fëllen an eis esou méi resilient a méi nohalteg fir d'Zukunft opzestellen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Ahmedova. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Här President, villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och ufänken, fir der Madamm Adehm villmools Merci ze soen, datt se haut de Sujet vun der Rifkin-Etüd on der Ordre du jour gesat huet, well wa si dat net gemaach hätt, hätte mir einfach mol geduecht, datt de Rifkin-Prozess scho säin natierlechen Doud gestuerwe wär. An ech mengen, wat mer a leschter Zäit aus dem Wirtschaftsministère héieren hunn, nämlech datt de Prozess ofgeschloss wär, dat weist jo och an déi Richtung.

Ech wëll och dem Här Bauler Merci soe fir säin Engagement fir d'Lëtzebuurger Sprooch haut – vu „Resilienz“ a „Widerstandsfäegkeet“ –, dat mécht eis natierlech ëmmer Freed, dat ze héieren.

Loosse mer mol vläicht kuerz soen, datt, wa mer d'Rifkin-Etüd hei am Land diskutéiert hunn, dat natierlech eng ganz Rei positiv Effekter hat. Éischtens emol krute mer eng Diskussioun iwwert den ekonomesche Modell hei am Land. Et si sécher eng Rei vun Diskussiounen, déi doduerch verstärkt waren, wéi zum Beispill fir d'Offallwirtschaft: Wéi wäit kënne mer goen? Wéi wäit solle mer goen? Mee et sinn och Saachen, déi einfach am Liicht vun der Zäit net méi kënne bestoen.

An ech wëll hei op dat agoen, wat meng gréng Kolleeginnen elo just gesot huet, dat ass d'Landwirtschaft. Et ass schwéier, elo nach vun 20 % Bio an esou weider a vun extensiver Bewirtschaftung ze schwätzen, wa mer jo gläichzäiteg wëssen, datt en enormen Defizit u Liewensmëttel riskéiert op eis duerkommen, eebe just duerch d'Krichssituatioun, an datt vill Länner vun eis wäerten ... Och wa mer eis eege Versuerung nach kënne garantéieren, wësse mer, datt mer éischer Interessi hunn auszubauen, fir datt mer och aner Länner kënne ënnerstëtzen, déi deen Abléck Liewensmëttel brauchen. E gutt Beispill, datt een net där einfach esou stuer u Konzepter festhalen, mee datt ee sech muss upassen un dat, wat d'Zäit eebe vun eis verlaangt.

Déi Rifkin-Etüd wor eigentlech ni spezifesch lëtzebueresch. Si wor och elo ni spezifesch originell fir eist Land. Si huet eis deemools 425.000 Euro kascht. Et wor awer e Konzept, wat den Här Rifkin eigentlech a ville Länner verkaf huet. Dat wor änlech a Flandern an op anere Plazen. Et wor eigentlech eng Iddi, déi en dann op ville Plaze mat lichte Modifikatiounen, liichten Upassung verkaf huet.

Gutt, ech mengen, mir kënne awer vläicht dat eent oder dat anert do opgräifen. Mir haten déi Prosumer-Iddien an esou weider, wat sech och an eisem Sproochgebrauch agebiergert huet. Mir hunn déi Iddie vun der Digitaliséierung, der Vernetzung mat alternativen Energien, enger Dezentraliséierung vun der Produktioun. Dat sinn alles Saachen, déi mer kënne iwwerleeën. Mee mir sinn awer a manche Punkte skeptesch. Ech erënnere mech nach gutt, wéi mer dat am Ufank hei diskutéiert haten: De Rifkin-Prozess, wat maache mer domadder? A mir hunn och gläichzäiteg ëmmer erëm op verschidde Gefore vun der Digitaliséierung higewisen.

Natierlech ass et eng fantastesch Saach. Mir mussen do op der Héicht vun der Zäit sinn, international kompetitiv. Awer d'Digitaliséierung – a mir mussen dat

ëmmer erëm soen, ëmmer nees –, mir däerfen do éischtens keen ausschléissen an zweetens däerfe mer net an e Kontrollstaat erageroden. Mir hunn elo déi Smartmeteren iwwerall installéiert, an och d'Elektromobilitéit, muss ee soen, erlaabt dem Staat theoretesch eng enorm Kontroll iwwert deen Einzelnen, deen Abléck, wou e säin Auto un de Stroum unhängt. An engem intelligent vernetzten Netz kann et och sinn, datt Energie ofgezaapt gëtt an datt, wann een nuets emol wëll an den Auto klammen, fir iergendwou hinze-fueren, da vläicht de Message ass: „Et geet leider net. Mir brauchen d'Energie aus dengem Auto grad fir en aneren Zweck.“ An da muss de der en Taxi ruffen, wann et dann nach esou eppes gëtt! Also loosse mer och an där Saach oppassen, datt mer d'Autonomie, d'Fräiheet vum Bierger net aschränken!

An och en anere Volet vun der Digitaliséierung ...

*(Interruption)*

... a vun där Diskussioun ass einfach de ländleche Raum. Jo, d'Digitaliséierung mécht d'Liewen am ländleche Raum méi einfach, mee mir halen drop, datt Agencé vun der Post, vun de Banken, an notament vun deenen, wou de Staat zu 100 % Aktionär ass, wéi an der Spuerkeess, datt déi Agencé bestoe bleiwen, fir datt d'Liewensqualitéit am ländleche Raum net erofgesat gëtt. Mir haten d'Phänomeen vun de Gilets jaunes, an egal wéi een dat aschätzt, musse mer oppassen, datt mer e Gläichgewicht behalen, och fir de ländleche Raum.

A besonnesch d'LSAP! An ech gesinn hei viru mer dee Minister, deen zoustänneg ass dofir, am Wirtschaftsministerium, deen notament och d'Kompetenz fir d'Spuerkeess huet, och wann dat en Établissement public ass mat enger eegener Gestéioun, oder d'Post idem. Mee d'Regierung huet en Afloss, si ass den Aktionär! An d'Regierung kéint, wa se wéilt, dann och dofir anrieden, datt déi Agencé bestoe bleiwen. An et ass och dat, wat mer gär hätten a wat mer vun der Regierung froen: datt et keng Vernoléissegung vun deene Regiounen bei eis am Land gëtt.

Elo ass et jo kloer, elo kommen nei Konzepter: Luxembourg Strategy an esou weider. Dat si Wieder, nach musse mer kucken, wat sech dann dohannert verstoppt! Mir kenne jo d'Revendicatiounen an d'Problemer vun der Industrie hei am Land, mee huele mer dat dann eescht? Mir wëssen, wat hir Problemer sinn: Bei der Digitaliséierung brauche se Hëllef, si kloen iwwer ze vill séier Ëmweltoploen a vill aner Saachen, wat wierklech d'Suerge vun der Industrie sinn. Wéi kënne mer kompetent Leit op Lëtzebuerg unzéien, wa mer op där anerer Säit hir Steierverdeeler reduzéieren? Och dat ass e Problem, dee mer ëmmer mussen ënner villen Aspekter ënnersichen.

Dat sinn d'Problemer vun der Industrie! A mir kënne net Investisseure vu Lëtzebuerg ewechhalen, just well mer da soen: „Ma Dir passt net an eng Rifkin-Strategie.“ Och do musse mer kucken: Wéi kënne mer eis diversifizéieren? Wéi kënne mer d'Industrie hei am Land als e wichtege Virdeel fir eise Standuert an en Employeur vun enger ganz grousser Envergure hei weider behalen?

Wa mer de Bilan vun där Regierung an och vun där virdu kucken, da musse mer jo soen, datt grouss industriell Spréng eigentlech net gelonge sinn. Mir hunn de Problem Liberty Steel. Dat ass virdrun diskutéiert ginn. Mir haten de Problem FAGE, mir hunn e Problem Google, wou mer net wëssen, wou et higeeet. D'Industriepolitik vun där Regierung ass bis elo keng Erfollegsgeschicht. An ech mengen, mir mussen och do ëmmer erëm kucken, wa mer an engem Joer de Bilan zéien, wat eigentlech dann eis Industriepolitik ass a wéi déi soll funktionéieren.

Ech wëll och nach warnen, well mer dat ëmmer maachen a well et ganz berechtigt ass – an dat ass vläicht mäi leschte Kommentar an dësem Kontext –: Dat ass déi Ideologie vun den alternativen Energien. Mir sinn op, ech soen dat ganz kloer, als ADR fir Energietechnologien. Mir sinn do op. Och alternativ Energie kënne hire Bäitrag leeschten. Awer mir hätte gär eng realistesch Diskussioun doriwwer! A mir wëssen, datt am Gesamtenergieverbrauch vun dësem Land ...

*(Interruption par la présidence)*

... déi alternativ Energien am eestellige Prozentbereich agéieren. Eestelleg!

*(Interruption par la présidence)*

Am Gesamtenergieverbrauch, net Stroum. Gesamtenergieverbrauch! An dat setzt natierlech, mengen ech, déi Saach an e realistesch Kontext. An et ass och dat, wat ech wëll soen: Mir sinn op fir villes, mir hätten awer gär eng pragmatesch, eng realistesch Politik am Interessi vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Merci, Här President. Här President, et war elo ganz laang roueg ëm d'Rifkin-Etüd, déi d'Regierung 2015 an Optrag ginn huet. An ouni dës Heure d'actualité vun der CSV, denken ech, géife mir och elo net méi dovunner schwätzen. Dës Etüd, déi 2016 mat grousser Tamtam als déi absolutt Wouerecht ugekënnegt gouf, no där nach 2017 an 2018 Tëscheberichter komm sinn an dunn ...: „Still ruht der See!“

Dës Etüd, déi eng Geschierkëscht ass mat ville verschiddenen Iddien, déi mir och zum Deel begrëssen an deele kënne, awer och just zum Deel, ass eigentlech just nach waarm Loft. Si huet sech verflücht. Dës Etüd, déi eigentlech vill verschidde Virschléi, déi zum Deel och kontradiktöresch sinn, opgezielt huet, wou nach ëmmer d'Kapitalinteressen dominéieren, wou sech fundamental awer absolutt näischt un eise Gewunnechten ännert, déi déi zentral Froen, déi et am 21. Joerhonnert ze thematiséieren gëllt, absolutt net thematiséiert huet an och net a Fro gestallt huet!

De Wuesstum zum Beispill. D'Etüd seet eis, datt mir méi effikass musse mat de Ressourcen ëmgoen. Jo, natierlech, alles richteg. Mee wa mir awer ëmmer méi an där Wuesstumsspiral gefaange sinn, da kann een zwar méi effikass mat de Ressourcen ëmgoen, mee et gëtt der dofir awer net méi, mee manner, och wann alles sënno vill organiséiert ass, well de Verbrauch geet logescherweis an d'Luucht. An de Mënsch mat senger Kreativitéit a senger Aarbechskraft spillt doran eng verschwindend kleng Roll. Froen iwwert d'Veerdeelung vu Räichtum a vu Muecht gi mol net thematiséiert!

Dës Etüd ass absolutt net futuristesche, ass absolutt keen Denksplatt, wat eis aus där Impasse eraushëllefe kann. Si denkt „just“ dat weider, wat nach ëmmer geduecht gouf. Si denkt nach ëmmer an deene kapitalisteschen, op Profit orientéierte Strukturen. Si erlaabt et net, eng komplett aner Gesellschaft ze denken. Si ass einfach almoudeesch an total deplacéiert.

*(Interruption)*

Ech ginn aus Zäitgrënn a menger Ried just op dräi Punkten aus der Etüd an. Éischtens emol d'Energie. Energieetesche Sanéierung vun Haiser ass en Thema. myenergy soll weiterentwéckelt ginn, Broschüre solle bereetleien, d'Gemengeprescriptiounen harmoniséiert



ginn, d'Subventionunspolitik soll promouvéiert ginn et j'en passe. Alles schéin a gutt, mee wéi ass et dann elo endlech mam Handelen um Terrain? Wéini fänke mer dann elo endlech un, do ze sanéieren, wou et am meeschten néideg ass? Bei de Leit à revenu faible, bei der Locatioun, wéini?! D'Zuele si jo am Moment net grad héich.

Am PNEC ass e Renovationstaux vun 3 % ugepeilt, fir bis 2030 op minus 64 % CO<sub>2</sub>-Ausstouss bei Wunnebaier ze kommen. Haut leie mer mol net bei engem Prozent! Säit der Aféierung 2017 vun de Primme fir den Assainissement énergétique sinn 1.820 dës Assainissementen realiséiert ginn. Bei de Klimaprête sti mer no fénnef Joer bei 400 Demanden! Fir de Klimaprêt mat null Prozent, dee jo elo nach ofgeschaaft gëtt, leie mer bei ronn 20 Demanden. Et ass also a kengster Weis vun enger Dynamik oder Opbrochstëmmung ze schwätzen. Den Interessi hält sech a Grenzen an d'Renovatiounen bleiwen de gutt situéierte Stéit virbehalen.

100 % erneierbar Energië sinn ugestriift ginn. Mee wéi steet et da mat den Erneierbaren am Moment? Wou si mer dann do drun? Bis 2030 sollen 23 % bis 25 % erneierbar Energien erreecht ginn. De Rifkin huet effektiv vun 100 % bis 2050 geschwat. Haut leie mer bei 11 %. Mee a Realitéit leie mer awer ënner eiselem EU-Zilwäert vun 11 % bis 2020, well mir Statistiken an Héicht vun 3 % bis 4 % aus zwee baltische Staate kaaft hunn.

Säit 2017 sinn 22 Milliounen Euro an den Ausbau vun den erneierbaren Energie fir d'Privatstéit gefloss. 1.820 PV-Anlage goufe sou zum Beispill finanzéiert. Eigentlech misst ee jo soen: „Eng Anlag op all Daach, do wou et Sënn mécht“, wann et eng Urgence climatique gëtt. Ma da lass! 1.820 Anlagen, dat sinn 0,7 % vun alle Stéit zu Lëtzebuerg. Och an dësem Dossier hu mir net reusséiert. Mir hu vill ze spéit ugefaangen, Energiekooperativen ze ënnerstëtzen. Wéi vill gëtt et der dann iwwerhaapt am Moment?

De Fokus läit hei op der Elektromobilitéit. Jo, alles schéin a gutt, mee wie profitéiert heivunner? Net déi Leit, déi et am meeschte bräichten. Net déi mam Revenu faible, well déi kënnen sech keen E-Auto leeschten. En plus gëtt et nach laang net genuch Bornen am ëffentleche Raum fir Leit ouni Garage.

Zweetens d'Mobilitéit – do sti vläicht interessant Saaichen an dëser Etüd: „Il faut qu'un transport en commun efficace et des infrastructures confortables pour une mobilité active soient mis en place et que de nouveaux services de mobilité soient créés.“ Ma wou sinn déi dann? Mam FLEX a Carloh geet et net duer. Mir brauchen och JUST een esou ee Service, awer uechert d'ganz Land. Et heescht, eng Applikatioun géif kreéiert, wou all Mënsch sech seng Trajeten individuell ka sichen an och ugekënnegt gëtt, en temps réel, wéini den ëffentlechen Transport dann elo fiert. Jo, déi App gëtt et, mee fir de Rescht léisst se awer ze wënschen iwwreg. Nach laang ginn net all Verspéidungen an deleted ëffentlechen Transporten ugewisen, a fir den idealen Trajet unzeweisen: loin de là!

Drëttens d'Landwirtschaft: An dësem Deel vun der Etüd sti vill interessant Unhaltspunkten dran, zum Beispill wat d'Transitioun hin zu 100 % Bio oder d'Ënnerstëtzung vun der „community-supported agriculture“ (CSA) am Geméisbau ugeet. Dat sinn interessant Iddien, déi méi eng ekologesch Landwirtschaft géife bedeuten an och de Mënsch als Produzent a Konsument an de Mëttelpunkt stellen, dee mat eegenem Engagement an och a Kooperatioun mat anere lokal Kreesleef opbaut.

Schlagwierder wéi Diversifikatioun, Marketing et j'en passe ... Et gouf vill a konstruktiv Iddien, déi et elo gëllt ze analyséieren. Mee wéini hale mer op ze

analyséieren a maachen endlech eppes? Wéini? D'Zäit leeft eis fort!

De Fokus läit leider och hei op enger nohalteger Intensivéierung mat Hëllef vun der sougenannter Smart Agriculture, also op Technologie, wëssenschaftleche Léisungen, an deenen de Mënsch, de Bauer mat sengen Erfahrungen a Kompetenze keng Roll méi spillt.

Wéi Der eraushéiert, ass eiser Meenung no hei vill Zäit vergaangen, wou et verpasst ginn ass, Neel mat Käpp ze maachen. Wa mir an deem doten Tempo weiterfueren, da brauche mir eis geschwé keng Suerge méi ze maachen, ...

*(Interruption par la présidence)*

... well da geet et eis wéi den Dinosaurier: Da si mir ausgestuerwen.

E ganz, ganz kuerze véierte Punkt, deen ech mer ganz séier elo hei nach opgeschriwwen hunn: „4 % Fongen, déi nohalteg sinn“, gouf vun deene Grénge gesot.

*(Interruption)*

Majo, mee do gi mir jo net drun! Obwuel d'Politik do an Zuchzwang ass an eppes maache kéint – elo! Mee de Ball gëtt ëmmer nëmmen hin- an hierspillt am FDC (ndlr: Fonds de compensation commun au régime général de pension) an deem Dossier. D'Regierung seet, et missten d'Gewerkschaften sinn, déi reagéieren.

*(Interruption par la présidence)*

D'Gewerkschaft seet, et wier d'Regierung. Lauschtert Iech emol d'Pressekonferenz vun der ASTM (ndlr: Action solidarité tiers monde – ONG de développement luxembourgeoise) vun haut un a liest de Rapport ganz gutt duerch! Vlächtt ännere mer dann endlech eppes un eiselem Fonds de compensation.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, „smart economy“, „prosumer“, „circular economy“, dës an nach ganz aner Anglizisme waren an de leschte Joren d'Trendwierder a ville Ministären. Et wéilt een et aneschtens maache wéi all déi aner virdrun: besser, ...

**Une voix** | Genau!

**M. Sven Clement (Piraten)** | ... nohalteg, zirkulär!

*(Interruption)*

Eng drëtt industriell Revolutioun gouf ugekënnegt. Iwwert d'Ziele vun deenen industrielle Revolutiounen loosse ech mech elo net aus, well aleng dofir géif meng Zäit komplett dropgoen. Ob mer dann elo wierklech bei der drëtter oder vlächtt souguer scho bei der véierter misste sinn, ass nämlech och eppes, wat breet debattéiert gëtt.

De sougenannte Rifkin-Prozess, benannt also nom amerikaneschen Ekonomist a virun allem Publizist Rifkin, soll Lëtzebuerg prett maache fir dat 21. Joerhonnert – ewech vu fossilen Energien, baséiert op erneierbaren Energiequellen. Fir dës wäertvoll Energien net ze verbëtzen, mussen d'Objeten, déi domadder gefiddert ginn, esou ressourceneffizient wéi nëmme méiglech konzipiéiert ginn. An dat féiert eis dann zu der Digitaliséierung an der Prozessoptimiséierung. Duerch en Zesummeelee vun den digitale Strukturen gëtt all Objet fir säi Gebrauch optiméiert. „Minimal input, maximal output, superb quality“, an intelligent solle se och nach dobäi sinn.

Léif Kolleginnen a Kollegen, als Piraten si mer de verschiddenen Aspekter vum Rifkin-Prozess net ofgeneigt, well verschidde Punkte spigelen exakt dat erëm, wat mer eis u sech vun enger moderner an digitaler Gesellschaft géifen erhoffen. All Biergerin a Bierger sollt an dëser Gesellschaft, der Visioun no, eng Gestaltungsméiglechkeet hunn, soll Deel sinn, soll net nëmme Konsument sinn, mee soll tatsächlech kënnen gestalten, kënnen participéieren. Wëssen a Konscht géife fräi zirkuléieren an „l'usage prime sur la propriété“. Dat entsprécht dach genee eise Leitiddie vun enger fräier a selbstbestëmmter Gesellschaft.

Mee: D'Realitéit ass aktuell eng aner! De fräien Internet ass net wierklech fräi. E Beispill dofir wäerte mer haut nach eng Kéier diskutéieren. Mir hunn d'Copyright-Direktiven, déi d'Majoritéit haut no dëser Aktualitéitsstonn dann ofstëmme wäert an déi d'Notzung vum Internet net méi fräi, mee éischter manner fräi wäerte maachen. Duerch déi Gesetzter maache mer nämlech de Wee fräi fir Uploadfilteren, staatlech virgeschriwwen Zensuren, déi den Zougang vun fräien Internet wäerten aschränken. Mee dorop kommen ech herno nach eng Kéier zrëck.

Här President, et ass e wäite Wee vun engem rengen Wonschdenke bis zur Realiséierung vun enger wierklech neier Wirtschaftsuerdnung. Dem Rifkin seng sougenannt „new economy“ baut nämlech op enger Entkopplung tëscht Energie a Wirtschaftswuesstem op. An hei ass ze erkennen, datt Lëtzebuerg nach ëmmer eng „old economy“ ass amplaz vun enger „new economy“, wéi d'Regierung eis wéilt gleewen doen.

An dofir brauche mer eis u sech just d'Zuele vum Statoc unzucken. Dobäi kann een nämlech observéieren, datt de Wirtschaftswuesstem zu Lëtzebuerg nach ëmmer Hand an Hand geet mam Wuesstem vun den Aarbechtsplazen an dem doraus logescherweis resultéierenden demografesche Wuesstem. D'Entkopplung vun eiser Ekonomik vun de klassesche Produktionsfacturen Aarbecht a fossill Energien ass zurzäit Soll-Status an nach ëmmer net gelongen.

Mir sollten eis dofir hei keng falsch Illusiounen maachen. „New economy“ kléngt gutt, schéine Sticker, schéine Stempel! Mee fir eng wierklech nei Ekonomik ze kréien, brauche mer och nei sozial Modeller, déi dorobber ofzilen, d'Participatioun an d'Méiglechkeet vum Eenzelnen ze erhéijen an d'Deele vu Gidder méi ze stäerken. Alles aneschtens leeft soss dorobber eraus, datt déi, déi elo schonn vill hunn, weiderhin deenen, déi näischt hunn, hir Reegele vum Spill diktéieren.

Dofir plädéiere mir Piraten och weiderhin derfir, datt mer eis Ekonomik nei gestalte mussen, datt mer mussen iwwer nei Remunerationsformen, nei sozial Garantien nodenken a virun allem, datt mer déi Entkopplung vun de klassesche Produktionsfacturen Aarbecht a fossill Energien hikréien. Mee dofir geet et eeben net duer, nëmme schéin Annoncen ze maachen an eng schéi Broschür vum Jeremy Rifkin ze hu respektiv sech op d'Schëller ze klappen, wann een an deem senger Bicher ernimmt gëtt als eng vun de Regierungen, mat deenen ee sou gutt zesummegeschaft hätt.

Nee, et geet net duer, „name-dropping“ ze maachen, mir mussen endlech „action“ weisen – fir bei deenen Anglizismen ze bleiwen. Mir musse weisen, datt mer et kënnen, an net nëmmen driwwer schwätzen. Mir mussen – an dat gouf virdru scho gesot – dach dozou kommen, datt mer op all Daach, wou et méiglech ass, eng Solaranlag drop hunn. Mir mussen et fäerdegbréngen, datt mer méi Energie hei zu Lëtzebuerg produzéieren, wéi dat haut de Fall ass. Mir mussen, an dat weist den Ukrain-Krich jo nach en plus, méi onofhängeg gi vun externe Facturen.



A wa Lëtzebuerg, vu senger Gréisst hier, u sech agill genuch wär, fir et hinzekréien, musse mer et awer nach ëmmer weisen. A bis elo ass et méi schéint Geschwätz wéi wierklech eppes ze weisen. An dofir gesi mir déi aktuell Ëmsetzung vum Rifkin-Prozess ganz nuancéiert. Mir mengen éischter, datt mat der Ëmsetzung nach net wierklech ugefaange gouf.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Léif Deputyéiert, merci fir déi gutt Diskussioun iwwert den „État des lieux“ vu Rifkin. Et kann een iwwer Rifkin laachen, et kann een driwwer ironiséieren, et kann een dergéint sinn, et kann ee fannen, dass en zum Deel ëmgesat ginn ass oder och net, et kann ee fannen, dass nach guer net domat ugefaange ginn ass, mee eppes kann een em, mengen ech, net ofschwätzen oder ofspriechen, dat ass, dass en eppes lassgetréppelt huet bei eis am Land, dass en eng Diskussioun lassgetréppelt huet iwwert d'Entwécklung vun eiser Wirtschaft, och am Zesummenhang mat der Entwécklung vun eiser Gesellschaft, an dass en eng Diskussioun och lassgetréppelt huet, 2016, iwwert den Ëmgang mat Ressourcen. Rifkin, dat ass gewosst, dat ass eng energielasteg Reflexioun, déi effektiv Digitalisatioun mat Energie verbënnt a wou sech d'Fro gestallt gëtt, wéi mer kënnen an engem klengen Land mëtten an Europa e méi resilienten, jo, méi resistente Modell opbauen, wou mer kënnen nei Saachen developpéieren.

Et ass e Prozess, bei deem, wéi gesot, d'Digitaliséierung, d'Energieeffizienz, d'Entkarboniséierung vun eiser Wirtschaft am Zentrum stoung. An alles dat sinn Theemen, déi natierlech 2016 schonn aktuell waren, mee déi sech elo mat der Covidkris an och elo aktuell mat deem Krich an der Ukrain an deenen domat zesummenhängende Froen, déi mer jo och diskutéiert hunn am Kontext vun där Fro, déi den André Bauler gestallt huet, vun de Matière-premièren, vun der Energie, u sech nach méi akut stellen. An do weist am Fong, dass dee Rifkin-Prozess e Precurseur war, dass dat wierklech eppes war, wat vorausschauend war, e Prozess, deen och de Meritt hat, dass en effektiv déi ganz Zivillgesellschaft matagebonnen huet, all d'Force-vivé matagebonnen huet an enger Diskussioun, déi spannend war – ech ka mech och gutt erënneren, ech hunn als Deputyéiert och do mat participéiert – a wou eng ganz Rei Saachen draus erauskomm sinn.

Rezent Phenomeener – an dat ass gesot gi vu verschiddene vun Iech – an aner Leitmotiver, wéi Resilienz, d'Sécherstelle vu regionalen oder internationale Liwwerketten, awer och de Kampf géint de Klimawandel, och d'Biodiversitéit, alles dat sinn Theemen, déi och schonn am Rifkin zentral dra waren. Iwwert de Modell vum Prosumer war och am Fong ugeduecht, fir eng Diskussioun iwwer nei Aarbechtsformen an iwwer nei Wirtschaftsformen ze féieren. Déi sinn zum Deel ëmgesat ginn. Ech mengen, et muss een och kloer agestoen, dass Rifkin a verschiddene Beräicher méi Resultater huet wéi an aneren, vläicht och a verschiddene Beräicher iwwerambitiéis war. Den Narrativ ass net iwwerall erreecht ginn, mee op alle Fall sinn eng ganz Rei Saachen ugestouss ginn.

Ech ginn elo net an dee ganzen Detail. Dat géif, mengen ech, hei wierklech de Kader sprengen, mee Dir wësst, dass mer deen „État des lieux“ gemaach hunn. Deen ass och verëffentlecht ginn. Dat ass e

Bilan, deen 143 Säite staark ass, wou effektiv all déi Mesuren drastinn, déi ëmgesat gi sinn, an deen Der Iech sécher schonn ugeuckt hutt, mee deen een och kann nolliesen. Et ass och esou, dass, wéi den André Bauler dat gesot huet, eng ganz Rei Saachen, déi vu Rifkin inspiréiert sinn, net onbedéngt de Label hu vu Rifkin an awer trotzdem aus där Etüd do erauskommen.

Dir wësst, dass et am Ganzen 49 strateegesch Mesurë waren, sechs Pilieren. Wéi gesot, ech ginn elo net an den Detail hei an. Ech géif awer gären eng Partie vun deene Mesuren opgräifen, well se och kritiséiert gi sinn oder am Kontext vu Kriticken thematiséiert goufen.

Et ass gesot ginn, notament vun der Madamm Aehm, awer och vun aneren, dass am Beräich vun der industrieller Politik oder einfach där strateegescher Opstellung fir nei Saachen, nei Diversifikationsnischen net schrecklech vill geschitt wär, an ech menge wierklech, dass dat net richtig ass. Insbesonnesch am Beräich vun der Digitalisatioun si ganz vill Saache vu Rifkin lassgetréppelt ginn. An där ganzer sougenannter Smart Economy – eent vun deene „buzzwords“ aus Rifkin ... Oder, pardon, Lëtzebuergesch! Wéi seet ee „buzzword“ op Lëtzebuergesch?

### *(Interruptions diverses)*

„Schlagwierder“ aus Rifkin, gesitt Der –, do ass ganz vill komm, notament de Supercomputer MeluXina, och de Cybersecurity Competence Center C3, den Euro-HPC. Alles dat sinn Infrastrukturen, déi haut wierklech d'Réckgrat gi si vun eiser Strategie am Beräich vun der Datenökonomie. Dir wësst, dass mer eng Strategie entwéckelt hunn: „Ons Wirtschaft vu muer“, déi drop hiniilt, fir weiderzkommen an der Digitaliséierung, am Gebrauch vun den Daten, fir eng ganz Rei Wirtschaftsbranchen opzebauen.

Ee Beispill dovunner, an dat ass vum Francine Closener genannt ginn, dat ass dee ganze Beräich HealthTech, alles wat d'Wirtschaft vun der Santé ugeet. Do war ech viru Kuerzem zu Erlange mat enger Delegatioun aus der Recherche, awer och aus dem Ministère de la Santé a verschiddenen aneren Administratiounen, fir eis dat unzekucken. A mir hunn do wierklech eng Kaart ze spillen zu Lëtzebuerg, fir dee ganze Beräich digital Santé opzebauen. Do geschitt ganz vill mat Appen. An Däitschland hu se déi DiGAen do, digitale Gesundheitsapps, entwéckelt am Beräich vun der prediktiver, preventiver Medezinn. An alles dat reposéiert op Daten.

Gradesou a ganz villen anere Beräicher, déi mer entwéckelen, sief et an der Mobilitéit, sief et awer och an der Energie, alles dat gëtt ëmmer méi verbonne mat der Benotzung vun Daten. An dat ass net méiglech, wann een net eng kompetitiv Infrastruktur huet, an dozou gehéiert nun emol esou ee Supercomputer, dozou gehéieren Datenzentren, déi performant sinn, an dozou gehéieren och natierlech ganz staark Kompetenzen an der Cybersecuritéit.

Alles dat ass e Resultat vu Rifkin an dat ass wierklech – an ech géif dat wierklech hei gär ënnersträichen – eng zentral Achs vun eiser Wirtschaftsstrategie an alle Beräicher, och an der Industrie. Ech mengen, och do ass gesot ginn, mir hätte keng Visioun an der Industriepolitik. Dat ass ganz einfach net wouer! Mir ginn an der Lëtzebuurger Industrie – an all déi, déi sech domadder beschäftegen, wëssen dat – a Richtung vun enger ëmmer méi spezialisierter Industrie, wou mer Nischeprodukter hierstellen, wou mer ganz vill Hidden Champions hunn, déi Leader sinn an hirem Marché, weltwäit souguer, an déi natierlech ëmmer méi a Richtung gi vu Robotiséierung, vun Automatiséierung an hirer Industrie. Eis Industrie gëtt och ëmmer méi digital, gëtt ëmmer méi baséiert op artificielem Intelligenz, Saachen, déi och erëm eng Kéier staark Rechecapacitéite brauchen. An do ass, wéi gesot, esou ee Supercomputer absolutt essentiell. An dat ass wierklech en zentraalt Element vun eiser Strategie.

Et ass och gesot ginn, am Beräich vun de Finanzen – ech mengen d'Diane Aehm huet dat gesot –, do wär et eng bonne Note. An dat ass richtig: Mir hunn dee ganze Beräich vun der Sustainable Finance. Déi gréng Finanz ass och e Resultat vu Rifkin an do entsteet wierklech e Kompetenzzentrum hei zu Lëtzebuerg am Beräich vun der grénger Finanz. Mir hunn eng gréng Bourse, mir hu gréng Fongen, mir hu wierklech ëmmer méi Gestiouen, déi och a Richtung geet dovun, déi ESG-compliant ass, dat heescht, déi souwuel konform ass zu de grénge wéi awer och zu sozialen a Governance-Krittären. An och dat ass en Deel vun där Strategie Rifkin.

Och am Beräich vun der Mobilitéit ass ganz vill geschitt. Ech erënneren nëmmen un déi Chargy-Stationen, déi uechtert d'Land opgebaut gi sinn. Mir hunn och viru Kuerzem nach mam Energieminister am November eng nei Aide virgestallt fir Betriber, déi wëlle bei sech am Betrib Infrastrukturen opstellen, fir hir elektresch Gefierer opzelueden. Och dat ass wichtig, wa mer gären hätten, dass d'Leit méi mat Elektresch fueren, dass mer natierlech Opluedstationen doruechter opbauen.

Et ass och vun der Kreeslafwirtschaft geschwat ginn, munchmol kritesch, fir ze soen, dass mer nach net souwäit wäeren, wéi mer am Fong misste sinn. Dir wësst, dass mer do effektiv eng Strategie hunneschend dräi Ministère: Économie, fir dat an der Wirtschaft weiderzebréngen, awer och Ëmwelt, fir dee ganzen Offall, déi ganz Offallstrategie, an Energie, wat och mat dodran ass. An d'Kreeslafwirtschaft ass eppes, wat mir net kënnen hei zu Lëtzebuerg einfach esou dekrétéieren. Do sinn Normen domat verbonnen, wou mer och dru schaffen. Mir hunn zum Beispill eng Norm, déi heescht Product Circularity Data Sheet. Dat ass eppes, wat mer och gären ISO-norme loosse, wat och aus dem Rifkin-Prozess erauskënnt a wou d'Iddi ass, dass mer fir all Produit eng Fiche d'information hunn, wou all d'Komponenten dra repertoriéiert sinn, en vue vun engem Reusage oder engem Recyclage vun deem Produit.

Och dat gëtt digitaliséiert, och dat gëtt ofgebrach an Daten. An dat ass eppes, wou ganz vill Entreprises, awer och d'Europäesch Kommissioun sech elo schonn derfir interesséieren, well dat sinn déi Bausteng, déi mer brauchen, fir d'Kreeslafwirtschaft och an d'Norm, an déi generell Gepflogenheeten eranzekréien a fir se eraus aus där Nisch ze huelen, wou se fir de Moment nach dran ass, gradesou wéi effektiv – an dat ass och gesot ginn – eng ganz Rei aner, finanziell Normen, steierlech Normen.

Wann ee vu Kreeslafwirtschaft schwätzt, schwätzt ee ganz vill vun Économie vun der Fonctionnalitéit. Do geet et méi ëm den Usage wéi ëm d'Propriétéit vun engem Bien. Wann Der zum Beispill en Haus baut ... An dat hunn ech wëlle se maache fir de Pavillon zu Osaka: Dee soll 100 % konform zu der Kreeslafwirtschaft gebaut ginn, soudass mer vun Ufank u wëssen, wat mer mat deene Matière maachen, déi an dee Pavillon erakommen, a se dann duerno, um Enn vum Liewen dovunner, erëm kënnen ofbauen an anerwäerts gebrauchen, dat heescht, dass mer wierklech reellelement en 100 % zirkuläert Gebai hunn. Do wäert dee Product Circularity Data Sheet och dra virkommen. An dat wäerte mer zesumme mat Bâtiments publics an natierlech mat den Acteurs sur place bauen.

Mee dat sinn esou Schrëtt, déi ee mécht, fir do weiderzkommen. Dat geet mir och net onbedéngt schnell genuch, well ech wierklech ganz staark dru gleewen, dass dat d'Zukunft ass, dass mer mussen ewechkommen vun där Wegwerfwirtschaft, wou mer lineär produzéieren an d'Saachen dann duerno am Endeffekt um Tipp landen. Mir kënnen eis dat net erlaben als e Land, wéi



gesot, wat net vill Ressourcen huet, an och als e Kontinent Europa, deen ëmmer manner Ressourcen huet an déi Ressourcen, déi en huet, ëmmer manner einfach kann ofbauen.

Wéi gesot, all déi Saachen, déi am Rifkin thematiséiert goufen, sinn am Ukrain-Krich an och virdru schonn, an der Covidkris, nach vill méi staark erauskomm: Problemer mat de Liwwerketten, Penurië vu Matière-première an och héich Energiepräisser, soudass ech wierklech dee Constat net deelen, dass Rifkin e Blingbling war oder e Marketing-Coup. Rifkin war wierklech den Ufank vun där Reflexioun ëm eng méi nohaltig Kreeslafwirtschaft an dat ass wierklech déi Diskussioun, déi mer haut och nach ganz staark wëlle weiderféieren.

An dofir hunn ech, respektiv meng Direktioun, den Nofolger vu Rifkin an d'Liewe geruff: „Luxembourg Stratégie“. Déi ass och viru Kuerzem duerch de Regierungsrot gaangen. Mir hunn do e „mission statement“, deen och elo wäert online goen. A bei „Luxembourg Stratégie“ – just fir et ganz kuerz ze ëmräissen – geet et drëm, am Fong eng prospektiv Approche ze maachen, dat heescht, sech Gedanken ze maachen iwwert déi grouss Megatrends, déi mer gesinn. An dat si Saache wéi de Besoin fir eis ze dekarboniséieren, dat ass awer och d'Knappheet vun Energie, d'Knappheet vu Ressourcen, dat ass natierlech och d'Biodiversitéit: all déi Saachen, déi mer an der Vergaangenheet manner gekuckt hunn, wa mer iwwert d'Diversifizéierung vun eiser Wirtschaft nogeduecht hunn.

Den Dossier FAGE ass ugeschwat ginn, aner Industriedossieren. An alles dat seet mer am Fong, dass mer déi physesche Constraintë musse materanhuelen an déi Diskussioun an an déi Reflexioun. A mäin Zil ass et, och opbauend op den Impulser vu Rifkin an op de Konklusiounen vun deem Bilan, fir en vu vum nächste Joer eng Partie Zukunftsszenarien opzebauen.

Et geet net drëm virauszesoen, wat an der Zukunft wäert geschéien. Dofir ass d'Zukunft einfach ze vill komplex, dat weist eis déi rezent Vergaangenheet. Et huet keen déi Pandemie gesi kommen. Et huet keen och wierklech dee Krich gesi kommen. An ech mengen, et si sécher leider eng ganz Rei aner schwaarze Wolleken, déi um Horizont sinn, déi mer nach net genee verstinn oder déi mer nach net genee kënnen anticipéieren. Mee dofir ass et esou wichteg, doriwwer nozedanken, fir sech prospektiv doriwwer Gedanken ze maachen. Rifkin war och scho prospektiv. Mee do gëtt et aner Methodologien an do wäerte mer och ganz sécher an Zukunft nach mat aneren Experten zesummeschaffen. Mee et geet awer och dodrëm, dass mer dat aus eegener Kraaft maachen, dass mer dat weiderhi mat deene Force-viven, och mat Iech hei an der Chamber zesumme maachen, fir eis zesumme Gedanken ze maachen, wéi mer wëllen an Zukunft evoluéieren, wéi mer eis hei als Land an als Wirtschaft och weider wëllen entwéckelen.

Ech soen Iech Merci fir den Debat.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Fayot. Parole après ministre fir den Här Charles Margue.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Merci, Här Fayot. Ech sinn ee vun deenen, déi deemools am Rifkin-Prozess derbäi waren, wou ech d'Geleeënheet hat, Kopresident ze sinn eebe vun deem Grupp iwwert de Prosumer.

Wat ech hei wëll ënnersträichen an Iech och froen: Mir haten deemools d'Geleeënheet, déi eenzegaarteg Geleeënheet, dass sämtlech Leit hei am Land matenee geschwat hunn, a fir d'éischt! An ech erënnere mech do u Seminären, wou vun der Bankeplaz bis zur

Landwirtschaft iwwer all déi aner Secteure matenee geschwat ginn ass an um Enn vum Dag gesot ginn ass: „Ou, dat do war fir d'éischt!“

Meng Fro: Ass et méiglech, deen Exercice ze widderhuelen, esou eng Dynamik? Well ech hunn aus deene Kreesser nämlech héieren, dass d'Landwirtschaft zum Beispill ofgehaangen ass a sech erëm verselbständegt huet. Dat mécht mir Suergen an ech wär frou, wann esou e Moment erëm kéint kommen. Ass dat méiglech? Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Wirtschaftsminister.

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Merci, Här President. Jo, also d'Iddi ass effektiv schonn, dass mer och weiderfuere mat deenen Diskussionsforen, déi et do gouf. Ech mengen, déi al Gouvernance oder Organisatioun vum Rifkin-Prozess ass ausgelaf. Dat muss een och ganz éierlech soen, dass dat um Enn vun der leschter Legislatur do ausser Otem komm ass an dass een dat, mengen ech, och net einfach erëm kann d'selwecht eent zu eent replikéieren.

Mee wat awer kloer ass – an dat ass eis och kloer ginn, wéi mer dee Bilan do organiséiert hunn –, dat ass, dass weiderhin nach e Besoin do ass bei all deene Participantë vu Rifkin, fir weider matzediskutéieren. An dat ass ganz kloer eppes, wat ech och wëll weiderféieren. Am Kontext vu „Luxembourg Stratégie“ wäerte mer e Forum organiséieren, wou och jiddweree wäert invitéiert ginn. An d'Iddi ass, fir och zweemol d'Joer eng Konferenz ze organiséieren, wou mer Experten invitéiere vu baussen, fir iwwer all déi Saachen ze diskutéieren.

Et wäert och do e Comité interministériel aberuff ginn, fir „Luxembourg Stratégie“ ze begleeten. Dat ass natierlech och eppes, wat complémentaire ass zu aneren Demarchen, wéi zum Beispill Luxembourg in Transition, wat jo am Fong méi vun enger Optik „Aménagement du territoire“ ausgeet. „Luxembourg Stratégie“ huet e wirtschaftlechen Impuls, do geet et drëm, sech Froen ze stellen, wat op eist Land passt, wéi mer eis wëlle wirtschaftlech entwéckelen, mee dat eeben zesumme mat all deenen Experten, déi och bei Rifkin matgeschafft hunn. An do wäert déi nächst Konferenz dann am Oktober dëst Joer stattfannen – eng éischt hat d'lescht Joer stattfonnt, mam Sujet „Anticiper les futurs possibles de l'économie luxembourgeoise“ – an da wäerte mer Ufank d'nächst Joer dann déi verschidden Zenarie presentéieren, déi do developpéiert ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Madamm Cecchetti freet nach d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, just och ganz kuerz, Här Fayot. Ech fannen dat ganz flott, dass mer diskutéieren, dass mer Foren opmaachen an dass mer Experten invitéieren. Dat fannen ech wierklech ganz gutt, fir eisen Horizont ze erweideren. Mee et geet leider domadder net duer. Et musse Saachen um Terrain geschéien. An et si ganz vill Saache scho gewosst. Déi brauch een net nach eng Kéier ze diskutéieren an déi braucht een net vun hannen no vir a vu vir no hannen opzewullen. Déi weess een einfach schonn!

Dir hutt et zum Beispill elo an den Hänn, Här Minister, Dir perséinlech hutt et an den Hänn, fir den FDC ze revolutionéieren, fir do Neel mat Käpp ze maachen, fir do aus de Fossilien erauszeklammen, fir do ze investéieren, dass déi erneierbar Energien awer wierklech no vir gepusht ginn. Dir hutt et an den Hänn! Dir ganz aleng a keen aneren!

A wann ech dat elo richteg héieren hunn, da gëtt et do awer kee Wee dolaanscht. Da gëtt einfach gesot: „Mir kënnen dat net. Et geet jo schonn awer an dee

Wee.“ Mee nee! Et gëtt awer nach net genuch gemaach. Ech mengen, dat ass e kruziale Punkt an deen ass elo an nächster Zukunft. An do kéint een awer wierklech e Signal setzen an Neel mat Käpp maachen.

Ech menge wierklech, dass et un der Zäit ass! A wann een awer Är Interviewe liest an och Är Gedankengäng verfollegt, mierkt ee jo awer, dass Der och op deem Wee ënnerwee sidd, an awer bremsst Der do. An dat sinn déi Punkten, wou ech einfach net verstinn, firwat mer do net méi séier virukommen. Merci.

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Jo, also beim FDC, do mengen ech, de Claude Haagen wäert dat warscheinlech e bëssen anescht gesinn, dass ech dat aleng an den Hänn hunn. Mee ech verstinn awer, wat Der do mengt.

Ech mengen, et géif elo hei ze wäit féieren, fir eng laang Diskussioun ze féieren iwwert den FDC. Och do ass et jo esou, dass awer eng ganz Rei Saache geschitt sinn, dass eng Evolusioun komm ass. Ech mengen, si hu Rapporté verëffentlecht iwwer hir Politique d'investissement. Et sinn eng ganz Rei Investissementsenter, déi elo schonn op enger schwaarzer Lëscht sinn, déi net méi gemaach ginn.

Ass dat alles perfekt? Nee, warscheinlech net. Do gëtt et eng Logik hannert där Gestiou. Do geet et an éischter Linn jo drëm, eis Engagementer bei de Pensionen iwwert déi nächst Joren ofzesécheren. Mee ech sinn awer bei Iech, wou ech och der Meinung sinn, dass natierlech déi ganz Investissementspolitik bei privaten Epargnanten, awer natierlech och bei staatlechen Instanze muss konform sinn zu enger, jo, ganz ambitiëser ESG-Politik.

Mee fir de Rescht maache mer eng ganz Rei Saachen. D'Fotovoltaikpannoe sinn e puermol ugeschwat ginn, fir ze soen, de Staat misst do mam gudden Beispill virgoen. Do gëtt et warscheinlech op enger ganzer Rei Plaze Problemer mat der Statik. Ech kann Iech just soen, dass mer an den Industriezonen elo och ganz konsequent op de Wee ginn, fir Fotovoltaikpannoen op den neien Industriezonen ze subventionéieren, fir ze kucken, dass dat iwwerall geschitt, an och, fir d'Entreprises ze encouragéieren, dass se déi op hiren existente Strukturen opbauen.

Dat sinn alles natierlech – an do hutt Der Recht – Saachen, déi ganz staark an nach méi gemaach musse ginn, mee allerdéngs „dans les limites du faisable“. An ech mengen, bei deenen existenten – ouni dass ech elo de Baudeminister sinn – ass et oft esou, dass effektiv heiansdo eng Partie Statikproblemer dat net méiglech maachen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Fayot. Dann nach Parole après ministre fir den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Bon, dat mat de staatleche Gebaier an der Statik ass esou eng Mär, déi mer ëmmer erëm gezielt kréien. Dir sidd net responsabel fir déi Gebaier, dofir maachen ech Iech do kee Reproche. Ech stelle mer awer d'Fro – Dir sidd responsabel fir d'Industriezonen an Dir hutt et elo grad ugeschwat, Dir wëllt encouragéieren, dass an den Industriezone solle Panneau-solaires op d'Diech kommen –: Gesitt Dir et dann als Minister vun der Économie esou, dass ee vläicht an Zukunft bei all neier Autorisatioun an enger Industriezon Panneau-solaires, Panneau-photovoltaïques, fir genau ze sinn, sollt obligatoresch maachen, éier een eng Autorisatioun géif ginn?

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Also ech weess net, ob mer dat juridiquement fir de Moment kënnen maachen.

(Interruption)

Dir wësst, dass mer en neit ... Jo, et kann een awer net egal wat maachen. Mir hunn ëmmer nach Gesetzer,



déi mer mussen anhalen. Mir sinn amgaangen, en neit Gesetz ze maachen iwwert den Développement économique, wat ënnerwee ass, wat och elo um Instanzewege ass. An do sti Saachen dran iwwert d'erneierbar Energien, déi et ganz sécher méi einfach wäerte maachen, fir dat doten duerchzusetzen.

Mir hunn och en neie Leitfaden, deen ënnerwee ass, dee mer ausgeschafft hu mam Aménagement du territoire, fir eis Wirtschaftszone vill méi circulaire ze maachen, wou eng ganz Rei Saachen zesummegeleuecht ginn, wou zum Beispill Offall zesumme geréiert gëtt, wou d'Parkingen zesummegeleuecht ginn, wou eeben déi ganz Industriezonen, déi ganz Aktivitéitszonen, och wat d'Energieversuergung betrëfft, vill méi effizient gestalt wäerte ginn. Iwwerall do, wou mer kënnen Fotovoltaik maachen – an ech encouragéieren dat ganz, ganz staark –, maache mer dat natierlech!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Fayot. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

## 8. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet des relations économiques avec des pays qui ne respectent pas les droits humains

D'Chamber féiert de Mëtten eng Aktualitéitsstoun iwwert d'wirtschaftlech Bezéiunge mat Länner, déi d'Mënscherechter net respektéieren, déi vun der politescher Sensibilitéit déi Lénk ugefrot ginn ass. An ech géif direkt d'Wuert ginn un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis, als Verrieder vun der politescher Sensibilitéit déi Lénk. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här Président. „Diese Doktrine im Außenhandel, dass man grundsätzlich mit jedem zusammenarbeiten kann, gilt nicht mehr.“ Dës Ausso vum Här Wirtschaftsminister, dem Här Fayot, gëtt eis d'Geleeënheet, haut dësen Debat ze féieren. An ech sinn him immens dankbar, well Dir kënnt Iech virstellen, dass ech och ganz mat dëser Ausso averstane sinn.

Här Präsident, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Äusserung vum Minister sti virum Hannergrond vun der russescher Invasioun an d'Ukrain. An déi westlech Staaten hunn hir Responsabilitéiten iwwerholl – ob déi elo wäit genuch ginn oder ze wäit gi fir déi eng oder fir déi aner –, an zwar hu si direkt no der Invasioun Sanktiounen verhaangen, Desinvestissementen aus russesche Gebidder decidéiert an och e relativ breede Boykott, deen heiansdo warscheinlech ze breet war, verhaangen. Et ass also machbar: De „B“, den „D“ an den „S“ – Boykott, Desinvestissement a Sanktiounen – si keen Tabu méi!

Loosst mech wannechgelift drun erënneren, dass et och aner vëlkerrechtsfeindlech Ugrëffskricher a vëlkerrechtsfeindlech militäresch Besatzunge gëtt. Dir kennt se zum Deel: D'palästinensesch Gebidder gi besat vun Israel, Westsahara ass besat vum Maroc an d'Tierkei besetzt Nordzypern an och en Deel vun Nordsyrie säit e puer Joer. An et ass gewosst, dass Lëtzebuerg gutt ekonomesch Relatiounen fleegt mam Maroc, mat der Tierkei a mat Israel natierlech och, wéi och d'EU als Ganz.

Doriwwer eraus ass och gewosst, dass d'EU Produkter aus dësen illegal besaten Territoiren importéiert, zumindest wat de Maroc a wat och Israel ugeet. An dat sinn dem internationale Recht no frauduléis Produiten. Et gëtt Juristen, déi argumentéieren, dass Produkter, déi ënner illegale Konditiounen ugebaut, produzéiert an exportéiert ginn, frauduléis sinn, dem

internationale Recht no. An den Import ass dem internationale Recht no rechtswidderg.

Dat si ganz konkreet Problemer an déi wäert relativ einfach ze léisen – Dir hutt héieren, et si ganz spezifesch Territoiren –, andeems een dësen Import géif verbidden. An dat ass machbar. Dat soen och Juristen. An eng europäesch Biergerinitiativ leeft och grad den Ament, fir dat ze fuerderen.

D'Fro, déi sech stellt mat den Aussoe vum Wirtschaftsminister, ass: Wéi eng Krittäre gëtt ee sech, fir den Aussenhandel ze encadréieren? Eng Pist hunn ech scho ginn: Do wou d'internationalt Recht mat Féiss getrëppelt gëtt an do wou frauduléis Produite produzéiert an exportéiert ginn, soll ee se verbidden, an dësem Fall.

Nieft dësem ganz konkreeten an iwwerschaubare Problem geet d'Problematik awer natierlech vill méi wäit. Wann een e Bléck op d'Lëscht vun de rezente Wirtschaftsmissiounen vu Lëtzebuerg werft, da gesäit een, dass déi rezent Wirtschaftsmissiounen a Länner féiere wéi d'Veereenegt Arabesch Emirater, de Maroc, China, Russland, Indien an och den Iran. Dat sinn effektiv, ënner anerem, déi lescht Länner, wou mer higereest sinn.

Ech muss Iech d'Mënscherechtsverletzungen net oplëschen, wat all dës Länner ugeet, soss wäert mer warscheinlech nach ganz laang hei am Sall. A ganz kloer gëtt et hei e Glawen, dee kennt Der, deen nennt sech „Wandel durch Handel“. Dat hutt Der sécherlech alleguerter schonn héieren. An déi Doktrinn huet sech als naiv an illusoresch erweisen an dat net eréischt säit gëschter!

Souguer de fréiere Minister an elo Präsident vun der Chambre de Commerce, de Luc Frieden, huet nach kierzlech gemengt: „Der Handel kann als Brückenbauer dienen.“ Dës Doktrinn gëtt also blann weidergefuert vun de grouse Wirtschaftsverrieder an deem entgéint stinn eisem Wirtschaftsminister seng Aussoen.

Dës Wirtschaftsmissiounen ginn awer meeschtens op en Enn mat enger méi enker wirtschaftlecher Kooperatioun. Kontrakter a Projekte gi ganz dacks duerch esou Missiounen ficeléiert a mir wuesse mat anere Géigenden um wirtschaftlechen an och um politeschen Plang méi enk zesummen.

E Beispill kuerz: China. Dir wësst, Lëtzebuerg besetzt déi zweet Plaz hannert den USA, wat d'Fongepiaz ugeet fir chinesesche Avoiren. Lëtzebuerg bitt hei, genee wéi am russesche Beispill, eng Dier fir Investissementen an Europa. E ganz konkreet Fallbeispill, dat vun der Associatioun ASTM an hirer Broschür opgezeechent gëtt, ass déi chinesesch Technologiefirma Tencent, an déi e lëtzebuergesche Fong investéiert. Dës chinesesch Technologiefirma entwéckelt awer eng App an déi App dëngt der chinesescher Regierung, fir d'Minoritéiten, notament d'Uiguren, am Xinjiang ze iwwerwaachen. Do si mer ganz kloer a Mënscherechtsverletzungen mat involvéiert. An ech mengen, där Beispiller gëtt et ganz, ganz vill.

Mir brauchen eng aner Doktrinn am Aussenhandel, ugeknäppt u kloer, objektiv an novollzéibar Krittären: Mënscherechter, internationalt Recht, Klimagerechtkeet.

An universell applizéierbar Krittären, keng duebel Standards, mee iwwerall applizéierbar an novollzéibar! Wa mer der Meenung sinn, dass mer zum Beispill net méi déi selwecht Feeler dierfe maachen – wéi den Här Minister dat gesot huet – wéi mam Regimm vum Putin, also keng ekonomesch Relatiounen, keng Ofhängegkeet vun Autokraten, ... Ok, mir si ganz averstan! Mee da kommt, mir maachen dës Constat wannechgelift universell applizéierbar.

Här Präsident, schlussendlech sinn et awer déi privat Acteuren, déi wirtschaftlech Bezéiungen ëmsetzen. Wann een dat also seriö mengt mat enger wäertebaséierter Aussepolitik an och Aussenhandelspolitik, da kann een d'Entreprise net einfach maache loosse, wat se wëllen. Mir wësse ganz genau, dass vill Entrepreneuren, ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | ... déi meescht, vun hirer Logik hier just op Profit ass sinn. Mee do ass jo scho säit Längerem dat richteg Instrument an der Diskussioun, nämlech e Liwwerkettegesetz. Mir hu scho ganz vill dovunner héieren. Dat muss een dann op Pays à risque erweideren.

Fir kloer an novollzéibar Aussenhandel ze maachen, brauche mer e Liwwerkettegesetz, dat Krittäre festhält, déi universell applizéierbar sinn. Esou e Gesetz ass e preventiven Outil. Et hëlleft eis, eng kohärent an transparent Aussenhandelspolitik ze maachen. An do kann een och Secteurs à risque festhalen, wéi zum Beispill den Textilsektor, d'Agroindustrie, de Minnesektor, mee och d'Finanzen. An do kann een a soll een och geografesch Risikogebidder a Risikolänner festhalen. An ech denken och, dass dat de Gedanke vum Här Minister ass, wann hie seet, et sollt een net méi mat jiddwerengem Handel bedriewen.

Esou e Gesetz fir en Devoir de vigilance hëlleft och den Entrepreneuren. Et gëtt hinnen e legale Kader. Dofir wëllt mir vum Minister wëssen, u wéi enge Krittären hie seng Ausso festmécht. Mat wem kënnen mir a solle mir dann elo Aussenhandel bedriewen? Ech freeë mech op d'Antworten. Ech gleewen him och, wéi et och scho meng Kolleegin, d'Myriam Cecchetti, gesot huet. Mir héieren hien a mir gleewen him och, dass hien et och esou mengt. A mir wäeren awer frou, wann hie seng Iwwerleeungen e bësse méi entwéckele géif an eis kéint matdeelen, wat hien dann do gemengt huet.

Mir wëssen och, dass et um EU-Niveau – dat wësst Dir och – eng EU-Propos gëtt fir esou e Liwwerkettegesetz. An Dir wësst och, dass dëst Gesetz seng Limiten huet: Et si keng Risikogebidder dra virgesinn, et gëllt just fir grouss Entrepreneuren mat iwwer 500 Mataarbechter a wichteg Secteuren wéi d'Finanzen, déi och als Risikosektor ugesi ginn, sinn net mat dran.

Dofir och dës Fro: Wou sinn d'Aarbechte vum Comité interministériel drun, deen d'Méiglechkeet vun engem nationale Gesetz iwwerpréiwe soll? Mir si jo sou gäre Virreider als Lëtzebuerg. Kënnen mir hei, wannechgelift, och Virreider sinn? Virun allem elo, wou mer Member si vum UN-Mënscherechtsrot.

Mir sinn der Meenung, dass mer laang genuch driwwer geschwat hunn an dass mer laang genuch studiéiert hunn an dass et elo Zäit gëtt, Neel mat Käpp ze maachen. Dofir deposéieren ech och hei eng Motioun, déi d'Regierung opfuert, de Prozess ze beschleunegen a bis Enn dës Joers en Avant-projet op den Dësch ze leeën.

### Motion 1

*La Chambre des Députés, considérant*

*– l'attachement du Luxembourg au respect des droits humains et de la dignité humaine ;*

*– que le Luxembourg est actuellement membre du Conseil des droits de l'homme des Nations Unies et que ce siège lui confère une responsabilité et une visibilité particulières en la matière ;*

*– les principes directeurs des Nations Unies relatifs aux entreprises et aux droits de l'homme et les principes directeurs similaires de l'OCDE, de l'Organisation internationale du travail et du Conseil de l'Europe ;*



– les conclusions de l'étude sur la possibilité de légiférer sur un devoir de diligence en matière de droits de l'homme au Luxembourg présentée en avril 2021 par une experte de l'Université du Luxembourg ;

– que la proposition de directive sur le devoir de vigilance en matière de durabilité présentée par la Commission européenne le 23 février 2022 manque clairement d'ambition ;

– que le processus d'étude du Gouvernement sur la possibilité de légiférer sur le devoir de diligence pour les entreprises domiciliées au Luxembourg, lancé depuis 2018 et actuellement mené au sein d'un comité interministériel instauré en 2021, n'a toujours pas produit de résultats tangibles,

invite le Gouvernement

– à accélérer le processus d'étude au sein du comité interministériel et à présenter avant la fin de l'année 2022 un avant-projet de loi ambitieux portant sur l'introduction d'un devoir de diligence contraignant en matière de droits humains et de protection de l'environnement pour toutes les entreprises domiciliées au Luxembourg qui sont actives dans les régions et secteurs d'activité économique à haut risque.

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Am Plan d'action national ass och nach virgesinn, Pilotprojeten an der Diligence raisonnable bei den Entreprises, bei deenen de Staat majoritären Aktionär ass, anzeféieren. Dofir nach meng Fro un de Minister: Wéi eng Betriber hu schonn esou e Projet ëmgësat? Oder: Wou a bei wéi enge Betriber ass dat virgesinn?

Lëtzebuerg huet als Staat, an dat wësst Dir och allequerten heibannen, e moralescht Gebot, mee och eng Pflicht ënnert dem internationale Recht, d'Mënscherechter ze respektéieren an ze verteidegen. Mee net just dat, mee och, d'Mënscherechter respektéieren ze dinne, wann aner et net maachen, wéi zum Beispill an de Fäll vun den Entreprises. Am Moment awer gëtt et e Vide juridique. A mir mussen eis de Reproche gefale loosse, dass mer Mënscherechtsviolatiounen bewosst a Kaf huelen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci, Här President. Ech soen der Madamm Oberweis Merci fir d'Ufro vun dëser Heure d'actualité.

Ech fänken u mat deem éischte Punkt, fir ze soen, dass déi Sanktiounen, déi géint Russland ausgesprach gi si vun der Europäescher Unioun, also och vun der Lëtzebuurger Regierung gedroe ginn, eng absolut Noutwendegkeet waren an och richtig geholl gi sinn, well a sech Russland mat deem brutalen Amarsch villen op d'Kopp gehäit huet, wat mir säit 70, 75 Joer hei als Europa festgehalen hunn, un dat mer gegleeft hunn, wat eis Friddensuerdnung hiergestallt huet. D'Integritéit vun engem anere Land ass total a Fro gestallt, all d'Reegelen, d'Accorden an d'internationalt Recht sinn ausser Kraaft gesat an och eng ganz Rei Krichsverbrieche ginn all Dag gemaach.

Si ware richtig dowéinst, mee si waren awer och richtig, well mer net wëssen, wéini den Här Putin dann ophält mat sengem Krich. Deelweis also och zu eiser eegener europäescher Verteidegung, der

Verteidegung vun Demokratie waren déi Sanktiounen an eisen Aen eng absolut Noutwendegkeet. Si justifizéiere sech moralesch a se justifizéiere sech a juristeschem, inklusiv déi Waffeliwwerungen, déi gemaach gi sinn, obwuel ech weess, dass d'Kolleege vun deene Lénken do enger anerer Meenung ass, wéi mir dat sinn. Och déi justifizéiere sech an dësem Fall, well et huet musse reagéiert ginn, aus moraleschen Obligationen, mee och aus Selbstverteidigungsgrënn.

Ech hu souguer e moralesche Problem, dass mer net nach e Stéck méi wäit ginn, well wéi ass et ze explizéieren, dass mer hei ophalen an net och de russesche Gas respektiv déi Ölimporter stoppen. Ech gesinn och déi ekonomesch Schwierigkeeten, gesinn och, wéi problematesch dat ass. Mee wann ech enger reng moralescher Iwwerleung géif nofollegen, wär dat natierlech och eng absolut Noutwendegkeet, well et ass schwéier ze verkraften, dass mer et net maachen, well mer et momentan nach net kënnen maachen.

Zweetens: Dat Beispill huet eis awer och gewisen, dass mer all Interêt hunn als Lëtzebuerg an als Europa, fir eis kommerziell Relatiounen fabel Partner ze sichen, an dass mer eis fabel Partner souwäit wéi méiglech och sollen ënner anerem Demokratie sichen, mat deene mer da Commerce maachen, ob dat d'USA, Kanada, England, Australien oder aner Demokratie sinn. Déi Lëscht ass laang, mee ass awer net éiweg extensibel an ass och heiansdo variabel, well d'Situatioun an de Länner changéiert.

Mee dee Prinzip stellt awer och eng Fro an ech wëll deen dann och hei ernimmen, well dat ëmmer einfach emol esou ënnert den Dësch gekiert gëtt: Dass d'Noutwendegkeet vun enger Rei Accorden, Trade Agreements, déi fir mech awer noutwendeg sinn, wann ee wëllt Stabilitéit an de kommerzielle Relatiounen hierstellen a wann ee wëllt och garantéieren, dass déi kommerziell Echangé mat Partnerlänner, déi fir eis fabel sinn an un déi mer gleewen, och kënnen an engem uerdentleche Kontext lafen. An ech fannen et ëmmer e wéineg hypokritesch, fir op enger Säit dann ze soen: „Mir mussen all Relatiounen ofbriechen“, an awer mat deene Länner, déi fabel sinn, déi Demokratie sinn, do wëlle mer awer och keng Trade Agreements maachen! Also hätt ech och do gär Konsequenz an dem politeschen Denke vun deene Leit, déi dat hei froen an déi derfir plädéieren.

Mir plädéieren absolut fir Accord-commerciale mat anerem Demokratien, ënnert der Konditioun selbstverständlech, dass se och déi Krittik vu Klima, vun Ëmwelt a sozial Kritikaren enthalen. Dat schéngt eis eng Noutwendegkeet ze sinn, ...

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

... fir dat alles ... Ech géif gär hei ... Dir kënnt jo gär nach eppes duerno froen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech géif dat ... Also ech soen dat zum Här President: Dir braucht net ze intervenéieren ... Da soen ech Iech d'Remark direkt selwer.

(Hilarité)

Wat eis Relatiounen mat den Netdemokratien ugeet, do ass dat sécherlech méi komplizéiert, respektiv mat deene Staaten, déi d'Mënscherechter net applizéieren.

E puer Remarque wëll ech awer och dozou maachen. Einfach ze deklariéieren, dass keen Handel mat deene Länner méi an Zukunft ze maachen ass, dass empfangen ech net als realistesch fir dëse Moment. Mir sinn zu engem Deel op Handel mat verschiddene Länner ugewisen, ob dat schonn eleng de Gas ass oder Energiequellen. Wa mer elo bei de Katar uklappe

ginn, fir och méi Gas vun do geliwwert ze kréien, da wësse mer och, dass d'Situatioun am Katar net déi selwecht ass, wéi se hei ass, an am Fong och, dass mer dat, wa mer no deene strikte Krittikäre misste fueren, net esou kéinte maachen.

Also guer kee Kontakt ze hunn, gesinn ech als absolut net realistesch. An dat géif jo och heeschen, dass mer kee kommerzielle Kontakt mat enger ganzer Rei Länner am Noen Osten hätten, mat villen afrikanesche Länner, mat enger Rei Länner aus Südamerika. Et géif souguer heeschen, dass mer missten deelweis d'Kooperatioun ofbriechen mat Länner wéi Nicaragua, Myanmar a souguer Palästina, well sech do manifestement och Mënscherechtsfroen stellen. Dofir: Guer kee Kontakt ass a mengen Ae problematesch a ka souguer zu engem Deel och krichsförderend sinn.

Par contre: Dat, wat mer brauchen, ass eng Gradatioun vun eiselem Accès zum Marché, de GSP an de GSP+ vun der Europäescher Unioun (ndlr: Generalized System of Preferences) hëllefen eis och dobäi, si Mécanisme-de-contrôles, sinn e Verbuet vu Produiten, déi aus Travaux-forcées hierkommen. Bei Produkter, déi vun den Uiguren hiergestallt ginn, kënnt et net a Fro, dass mer déi sollten hei an Europa importéieren. Och d'Possibilitéit fir Plainte ze féieren, Texter wéi Liwwerkettegesetze an Due-Diligence-Gesetze, hei an Europa agefouert, schéngen eis absolut sënnavoll ze sinn.

Da wëll ech als mäi leschte Punkt soen, dass een och muss kucken, dass eng Rei Länner momentan do sinn, déi probéieren, weltwäit am Fong dat, wat mir als Mënscherechter consideréieren, och net a Fro ze stellen, mee d'Gewichtung an hire Konzepte anescht ze maachen. Ech gesi gutt, wéi China zum Beispill an der UNO virgeet, fir ze soen: „Mir sinn zwar fir d'Mënscherechter, mee an eisen Aen heeschen d'Mënscherechter och, dass d'Rechter vun der Communautéit iwwert de Rechter vun Individuum stinn, dass den Droit vum Développement vun engem Land méi wichteg ass wéi d'Mënscherechter, individuell Mënscherechter.“ Dat heescht, si probéieren am Fong konstant an andauernd, en Ëmkéiere vun deem, wat d'Mënscherechter an hirem Definitioun heeschen, ervirzeruffen.

Dofir soen ech, dass et gradesou wichteg ass fir demokratiesch Länner, déi awer nach un d'Mënscherechter gleewen, och Kontakt ze hu mat anere Länner. Well en Ofbriech vu sämtlechen Kontakter féiert – net wéi Dir, Madamm Oberweis, eis hei elo gesot hutt, dass mer duerch de Commerce kéinte vläicht méi Leit zur Demokratie bréngen – en fait dozou, dass eng ganz Rei Länner sech an deene Länner, mat deene mir net méi wëlte Kontakt hunn, wäerten implantéieren. A wann Der kuckt, wat a Afrika amgaang ass ze geschéien, wann Der souguer kuckt, wat am Balkan amgaang ass ze geschéien, wou Russland a China lues a lues ëmmer méi probéieren, hir Dependancen opzebauen, Fouss do ze faassen, strateegesch Avantagen ze kréien, da fannen ech dat äusserst problematesch.

Do, wou mer eis Roll musse spillen, dass ass och an der Mënscherechtskommissioun, wou mer eng Plaz an der UNO hunn, wou mer eng wichteg Roll hunn. An ech hoffen, dass mer et do fäerdegbréngen, eng uerdentlech Aarbecht ze maachen, dass heescht, eis Meenung an eis Aussoen esou ze gestalten, dass mer se vun der reeller Situatioun ofhänke loosse an net vu perséinlechen Präferenzen oder ekonomeschen Relatiounen oder eventuell och nach vun der Gréisst vum Land. Well dat wär dann, mengen ech, total donievent, wa mer eis esou géifen an der UNO behuelen.

Dass ass d'Positioun, déi ech wollt zum Ausdruck bréngen, dass heescht, eng weesentlech méi nuancéiert Positioun wéi déi, déi elo vun der Madamm Oberweis ausgeschwat ginn ass.



**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Wiseler. An den Här Kartheiser wëllt Iech nach eng Fro stellen.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo. Merci, Här President. An och merci dem Här Wiseler, éischtens fir seng Ausféierung an zweetens fir déi Méiglechkeet, datt ech em kann eng Fro stellen.

Ech hunn dem Här Wiseler gutt nogelauschtert an och säi Plädoyer héieren, datt mer mat demokrateschen Staaten Handelsofkomme sollen ofschléissen. Ech hu spontan un de CETA mat Kanada geduecht an ech erënnere mech, datt d'CSV deen Abléck, wéi mer doriwwer ofgestëmmt hunn, net am Sall war. Dofir wollt ech just nach eng Kéier den Här Wiseler froen, wat dann d'Positioun vun der CSV zu dem CETA-Accord eigentlech ass.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Also mir si fir kommerziell Accorden, déi mat demokrateschen Länner ofgeschloss ginn. Dat hu mer méi wéi eng Kéier gesot. Dir stellt eis hei eng rhetoresch Fro an Dir kennt d'Äntwert natierlech ganz genau.

D'Fro, déi sech awer géif stellen, dat wär ... Wann Der wierklech eng Fro wëllt stellen, op déi Der d'Äntwert net wësst, ...

*(Hilarité)*

... da soen ech Iech och, wat fir eng Fro Der elo misst stellen. Dir misst am Fong d'Fro stellen, wat fir eng Haltung mir hunn zu de kommerziellen Accorden, déi amgaange sinn, an der Preparatioun sinn, fir mat China gemaach ze ginn. Well do stellt d'Fro sech ganz reell, wat fir eng Haltung d'Europäesch Kommissioun misst hunn. Déi Äntwert, déi ech Iech elo ginn op déi Fro, déi Der hätt kënne stellen, dat wär am Fong déi ...

*(Hilarité)*

... fir ze soen, datt en fin de compte déi Diskussiounen momentan absolut net méiglech sinn, well d'Sanktiounen, déi China ausgeschwat huet géint eng Rei vun europäeschen Politiker aus dem Europaparlament, et onméiglech maachen, esou Diskussiounen anzegoen.

Par contre ass et awer trotzdeem eng Reflexioun fir ze soen, wéi mer mat de Chinesen ëmginn, well wann een an esou Accord-commerciale Saachen erakritt iwwer Respekt vu Mënscherechter an iwwert d'Progressen, déi kënnen um Ëmweltplang an änleche Pläng gemaach ginn, dann ass et zumindest eng Diskussioun wäert, wéi mer esou Sujete sollen ugoen.

Dat ass d'Äntwert op déi Fro, déi Der mer net gestallt hutt.

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Wiseler. An da komme mer op déi normal Spuer zrëck a ginn d'Wuert un deen nächsten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler (DP)** | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif dann och op déi nuanciéiert Manéier, wéi den Här Wiseler se hei virgedroen huet, weiderfueren.

Fir eis als Demokratesch Partei ass den onermiddlechen Asaz fir Wäerter, déi fir e sécher a friddlecht Zesummeliwwen onverzichtbar sinn, eng vun den zentralen Aufgaben vun der Politik. D'Mënscherechter, d'Fräiheet, de Friden, d'Sécherheet, d'Demokratie, déi mënschlech Würd, d'Solidaritéit, d'Toleranz, de Pluralismus an d'Chancëgläichheet: Dat sinn alles Wäerter, déi net nëmme mir als Demokratesch Partei héichhalen, all fortschrittlech Kräfte an eiser Gesellschaft stinn hannert de Piliere vun eiser Demokratie.

Wann een elo d'Lëtzebuerger Diplomatie, d'Entwécklungshëllef, an och d'Handelspolitik kuckt, sou sti mer dacks a Kontakt mat Länner, an deenen dës Wäerter net esou respektéiert ginn, wéi dat bei eis de Fall ass. Et däerf een awer den Dialog mat dëse Staaten net scheien. Et däerf een d'Problemer och net schéischwätzen, mee et muss ee se uschwätzen. Fir vill Länner ass de Wee zu dëse Wäerter net einfach. En ass laang. Dat soll eis awer net dovunner ofhalen, fir hinnen ze verstoen ze ginn, datt d'Demokratie u sech fir eis Zivilisatioun – fir déi westlech Zivilisatioun – e Wäert u sech ass.

Léif alleguer, wann eng Lëtzebuerger Entreprise Handel mat enger Entreprise aus engem anere Land bedreift, dat net déi Wäerter vertritt, déi eis esou wichteg sinn, dann heescht dat net direkt, datt dës Entreprise dee Regimm oder d'Féierung vun deem Land an alle Fäll zu 100 % guttheescht oder ouni Kritik ënnerstëtzt. Fir d'DP ass et wichteg, datt eis Betriber Verantwortung iwwerhuelen a genee wëssen, wou hir Wuere hierkommen. Dofir ënnerstëtzt d'DP och de Projet vun engem europäeschen, also op EU-Niveau harmoniséierte Liwwerkettegesetz, dat déi europäesch Entrepreneuren an d'Verantwortung hält an hinnen nei Oplage gëtt fir ze garantéieren, datt d'Produktioun vun hire Wuere och d'Mënscherechter an den Naturschutz respektéiert.

Ech weess, datt, obwuel mer kee Liwwerkettegesetz zu Lëtzebuerg hunn, vill vun eise Betriber op eng ganz proaktiv, innovativ a récksiichtsvoll Manéier Moossnamen ergraff hunn, fir d'Liwwerkette konform zu dëse wichtege Valeuren ze gestalten. Esou proposéieren zum Beispill den Ausseministère an d'Union des entreprises des Entreprises, dem Pacte national „Entreprises et droits de l'homme“ bäizetrieden.

Här President, en europäesch Liwwerkettegesetz wäert d'Betriber dozou bréngen, fir nach méi genee ze kucken, mat wem se Handel bedreiwen. Duerch Handel kënn ee sech méi no an et kann een Afloss huelen op seng Partner. Et ass een am Gespréich, am Dialog mateneen. Lëtzebuerg ass als klengt Land an oppen Ekonomien ëmmer am Gespréich mat aneren. Et ass traditionell als klengt Land ëmmer am Austausch mat villen Handelspartner.

Och d'Konsumente spillen eng decisiv Roll. Bei ville Produiten, wéi zum Beispill de Banannen, wëlle méi a méi Konsumente just nach Fair-Trade-ugebaut Produkter. Dës huet zu engem Ëmdenken a ville Länner gefouert, déi gemierkt hunn, datt et fir hir Exporter wichteg ass, Fair-Trade-Produiten hierzestellen. Duerch Fair-Trade-Produite geet et haut ville Mënschen op der Welt besser wéi virdrun, och wann do nach ganz vill Sputt no uewen ass.

„Wandel duerch Handel“ nennt een dat. Mee leider fonctionéiert dat net ëmmer an och net iwwerall! Beispiller gëtt et genuch. D'Ziel vun Demokratien ass weider begrenzt a risquéiert souguer erofzegoen. A mir mierke besonnesch an dësen Deeg alleguer, datt d'Fräiheet hire Präis huet. Fräiheet ass näischt Selbstverständlech. Si muss all Dag nei erkämpft ginn.

A wann d'Fräiheet hire Präis huet oder soll hunn, da muss mer dat och selwer bereet sinn, a Kaf ze huelen. D'Verdeedegung vun eise Wäerter gëtt et net zum Nulltariff! Dat weist déi aktuell Situatioun méi wéi daitlech. A Produktiounen verlagere respektiv nees an Europa zrëckhuelen heescht och, Méikäsche bereet sinn, a Kaf ze huelen a sech awer och d'Fro ze stellen: Wat bedeit dat fir déi kleng Leit? Wéi kënnen mer op dës Wee goen, ouni de sozialen Zesummenhalt heiheim aus den Aen ze verléieren?

Léif alleguer, bei Verletzung vu Mënscherechter a vun aneren elementare Wäerter däerfe mer net

eweckkucken. Dat hunn och vill Entreprisë verstanen. Verschidden Initiative weisen, datt dee Sujet méi a méi eescht geholl gëtt. Déi intellektuell Eierlechkeet verlaangt awer ze soen, datt nach vill, jo, ganz vill ze di bleift, datt mer weider mussen, fir mam Här Wiseler ze schwätzen, zouverlässeg, also fiabel Partner sichen an datt mer eis all Dag als Konsumente selwer bewosst musse sinn, datt d'Verdeedegung vun eiser Fräiheet hire Präis huet, och a grad, wa mer akafe ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bauler. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Georges ... Charles Margue.

*(Brouhaha et concertation interne)*

**M. Carlo Weber (LSAP)** | Ech verrieden d'Lydia.

**M. Fernand Etgen, Président** | Dir waart net ageschriwwen. Duerfir hunn ech gekuckt gehat a gemengt, dee richtige Mann misst sech mellen. An hie mellt sech net. An elo ass en awer do.

**Une voix** | A!

**Une autre voix** | Do ass e jo!

**M. Fernand Etgen, Président** | Da wier et um honorabelen Här Carlo Weber.

**M. Carlo Weber (LSAP)** | Dann entschëllegt, da war dat net gemellt ginn, sou wéi et ofgemaach war. Ech soen et dann nach eng Kéier: D'Lydia, dat huet sech ganz kuerzfristeg entschëllege gelooss, nieft dem Simone an nieft dem Dan Kersch. Also wa mer bei den nächste Wale sou vill Strécher kréie wéi déi lescht Zäit bei eisen Tester, da wäerte mer déi nächst Wale gewonnen.

*(Hilarité générale)*

**Une voix** | Mir hoffen!

**M. Carlo Weber (LSAP)** | Jo. An der zweeter Rei fänkt et un, geféierlech ze ginn.

*(Hilarité et interruption)*

Dann zrëck zum Sujet. Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt als Éischt dem Nathalie Oberweis Merci soe fir dës Aktualitéitsstonn iwwert den eethesch-moraleschen Volet vun eise wirtschaftleche Relatiounen.

Fir eis als LSAP ass d'Ekonomie keen eegestännege Fräiraum, dee separat vun anere gesellschaftleche Beräicher existéiert a fonctionéiert. Am Géigendeel: Mir betruuchten d'Ekonomie net lassgeléist vun der Aussepolitik, der Kooperatiounspolitik oder der Ëmwelt- a Sozialpolitik. Déi transversal Verknäppungen, déi Verflechtungen vu verschiddenen Politikberäicher fuerderen eng kohärent Politik. Dat bedeit, datt mer derfir suerge mussen, datt eis Politiken all déi selwecht Ziler verfollegen a sech net widderstrecken.

Net just zu Lëtzebuerg ass dee Paradigmewissel duerch dem Putin seng völkerrechtswiddreg Invasioun vun der Ukrain acceleréiert ginn an d'Urgence vum Sujet verdäitlecht ginn. Ech wëll gär ënnersträichen, datt d'Bewosstsinn ronderëm d'Necessitéit vun engem Paradigmewissel bei eis ewell virum Krich an der Ukrain erkannt gi war.

Am Kontext vum Klimawissel zum Beispill, dee kloer eng Menace fir d'Existenz vun der Mënschheet duerstellt, huet Lëtzebuerg een ambitiësen „Integrierten nationale Klima- an Energieplang“ fir 2021 bis 2030 ausgeschafft. Och am Beräich vun der Kooperatioun si Mënscherechter, nieft der Klimakris an der Gläichheet vu Mann a Fra, eng vun deene wichtege Prioritéiten.



Och d'Wirtschaftspolitik ass an eisen Ae kee Beräich, dee sech selwer reegelt. Mir brauchen e gudder gesetzleche Schutzkader an e Staat, dee Verantwortigkeet iwwerhëlt. Et ass net nëmme beim Logement an der Ëmweltpolitik, wou de Staat d'Obligatioun, fir seng Bierger ze schützen, muss droen. An enger solidarischer Gesellschaft, wéi mir se verstinn, gëllt dat och fir de Schutz vum Mënsch op der Aarbechtsplaz, wou d'Betriber an der Matverantwortung stinn.

D'Pandemie huet d'Gesamtsituatioun net méi einfach gemaacht. Bestoend Ongerechtegkeeten sinn nach méi grouss ginn. Méi Grief goufe geschaf tëschent Aarm a Räich. Och déi humanitär Situatioun huet sech leider weltwäit verschlechtert. Massiv Problemer ronderëm d'Energieversuergung kommen zousätzlech erschwéierend derbäi. Op ville Plaze riskéieren d'Ekonomien, duerch d'Pandemie an de Krich an der Ukrain massiv destabiliséiert ze ginn, wat eng Gefor fir de soziale Fridde mat sech bréngt. An deem musse mer entgéintsteieren.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Wéi eisen Ausseminister et déi lescht Woch op de Punkt bruecht huet, musse mer ëmmer d'Méiglechkeet hunn an och notzen, fir d'Mënscherechtsverletzungen vu wichtege wirtschaftleche Partner systematesch ze thematiséieren.

Een anere Schratt, deem noutwendeg an immens wichteg ass fir de Respekt vu Mënscherechter am Handel, ass d'Afëiere vun engem EU-wäite Liwwerkettegesetz. An enger Welt mat globaliséiertem Handel a komplexe Vernetzungen mussen d'Liwwerketten transparent sinn, fir datt een novollzéie kann, wou de Produit hierkënnst an ënner wéi enge Bedéngungen e produzéiert ginn ass, esou wéi den André Bauler et virdrun ënnerstrach huet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Zum Schluss géif ech nach gär rappeléieren, datt Lëtzebuerg un den UNO-Leitprinzippe vun 2011 iwwer Wirtschaft a Mënscherechter festhält. Dës Grondsätz ëmfaassen d'Vëlkerrecht, d'Verantwortung vun Entreprisë souwéi och de Schutz an d'Hëllef fir betraffe Victimen. Och op deem Niveau muss mir mat eise Partner zesummeschaff ginn, fir géint Mënscherechtsverletzungen virzegoen.

Dësen Engagement wäert doduerch, datt Lëtzebuerg vun 2022 bis 2024 Member am UNO-Mënscherechtsrot ass, viru verstärkt ginn. Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt eist Land am Beräich vun de Mënscherechter e bedeitende Bäitrag wäert leeschten, sou wéi mir et vun 2013 bis 2014 am UNO-Sécherheitsrot gemaach hunn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Den nächsten ageschriwwene Riedner, souwäit ech dat hei gesinn, ass den Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Merci, Här Präsident. Merci un déi Lénk fir dës Heure d'actualité. Déi huet sech am Fong opgedrängt no dem Interview vun eisem Wirtschaftsminister an der Press. Eis Heure d'actualité iwwer Business a Mënscherechter, d'Heure d'actualité zum Rifkin an déi zwee Gesetzter herno am maritim Beräich iwwer de Recyclage an d'Ofwacke vun de Schëffer si fir eis Gréng ganz kloer ee Ganz. Et geet ëmmer ëm d'Fro vum fairen Handel, ëm d'Fro vum Respekt vun der Dignitéit vum Mënsch, ëm d'Fro vu mengem Géiginwuer, deem ech an d'Ae muss kënne kucken.

Duerfir wäert ech, Här Präsident, elo mat mengen allgemengen Aussoen ufänken a se bei de Schëffsgesetzter weiderféieren op méi prezise Beispiller.

„Wandel durch Handel“ – de Putin seet Merci –, oder och nach „Wandel durch Annäherung“: E Prinzip, dee sécherlech seng Meritten hat par rapport zu der deemoleger Sowjetunioun, mee deen haut virun der Realitéit vum Krich an der Ukrain wierklech net méi zäitgeméis ass. Mir erliewe grad, wéi vill Ofhängegkeet onreflektéiert, liichtfankeg Handelsbeziéungen mat sech bréngen. D'Sich no gönschtegen Energiepräisser huet eis hei an en Däiwelskrees gefouert, wou mer eis engersäits als EU vun ondemokrateschen Diktaturen ofhängeg gemaach an anerersäits déi erneierbar Energien sträfflech net genuch gefërdert hunn. Elo hu mer d'Quittung dovunner!

déi gréng hunn iwwerens d'Energiefro schonns am leschte Joerhonnert opgegraff, an net eréischt am leschten Hierscht, wéi verschidden anerer heibannen.

*(Interruption)*

Handelsbeziéungen mat Respekt virun de Mënscherechter gëtt et net zum Nullpräis. Dass mer elo kuerzfristeg musse pragmatesch sinn, dat schéngt mer evident, dat ass scho virdru gesot ginn, mee mir mussen awer elo oppassen, dass mer an dëser Kris net mëttelfristeg a laangfristeg aner mënscherechts-onwürdeg Handelsbeziéungen opbauen an eis doduerch erëm vun aneren Diktaturen ofhängeg maachen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Ech wousst, dass Dir domadder averstane wäert.

Ech begrëssen dann och déi generell Haltung vum Wirtschaftsminister, eis Wirtschaftspolitik an deem Sënn ze änneren um Niveau vun eisen internationale Wirtschaftsrelatiounen. Ech hoffen awer, dass dës geschitt net just aus der Nout eraus vun enger Pandemie oder, méi schlëmm, just weinst dem Krich, dem Leed an der Ukrain an eisen Energie- a Liewensmëttelversuergungsproblemer.

Mir hunn elo eng Zäitfenster, fir eis nei opzestellen. Kommt, mir notzen déi, ier mer erëm alles vergiess a verdrängt hunn!

Ouni Respekt virun de Mënscherechter an dem Schutz vun der Ëmwelt an der Biodiversitéit gëtt et keng dauerhaft Handelsbeziéungen. Ech soe „keng dauerhaft“ – meng Virriedner hunn et schonn ugedeit –: kuerz- a mëttelfristeg leider schonns, mee da geet et méiglecherweis op d'Käschte vun de Mënschen a vun der Ëmwelt. Leider Gottes wäert dat de Fall sinn!

Wéi munch Grénger kommen ech aus der sougenannter Drëtt-Welt-Zeen. Ech sinn an der ASTM an de 70er-Jore fir d'ëischt op d'Fro vun der wirtschaftlecher Entwécklung a vun dem gerechten Handel sensibiliséiert ginn an op d'Begrenzung vun eise Ressourcen. De Bericht iwwer d'Grenze vum Wuesstum 1972 vum Club of Rome an de Brundtland-Rapport vun 1987 fir d'UNO iwwer d'Nohaltegkeet sinn zwee vun deene markante Signaler, déi eis beaflosst hunn.

Am gréngen Walprogramm vun 2018 steet, wat mer wëllen erreechen, eis Ziler a Virstellungen, wat eis internationale Relatiounen ugeet. Hei e puer Auszich: „déi gréng werden: – die Weiterentwicklung von Sozial-, Verbraucher-, Gesundheits- und Umweltstandards im Welthandel fördern.“ An ech géif och nach derbäisoen: ... und fordern. „Handelsabkommen dürfen nicht die Möglichkeit eines Staates einschränken, sinnvolle Regelungen im Interesse der Bevölkerung oder der Umwelt zu erlassen.“ Des Weideren trieden déi gréng an: „für einen Welthandel [...], der den Menschen nicht ihre Existenzgrundlagen raubt.“ An déi gréng wäerten: „für einen Welthandel eintreten, der ökologische Ressourcen schützt; sich für die Schaffung eines Internationalen Handelsgeschichtsbüchs einsetzen.“

Déi aktuell Situatioun weist eis, wéi geféierlech et ka ginn, mat Despote Geschäfter anzegoen a sech vun esou Regimenter ofhängeg ze maachen. Ma heescht dat, dass mer elo d'Wirtschaftsrelatiounen mat allen Netdemokratien op der Welt ofbriechen sollten? Neen, dat heescht et net. Meng Virriedner hu gesot, wéisou. Ma et heescht awer ganz sécher, dass mer ons Ofhängegkeet vun Autokratie musse reduzéieren a keng nei laangfristeg Ofhängegkeeten dierfen opstellen. Et heescht – dat dass och eng vun de Léieren aus der Pandemie –, dass mer och verschidde Produktiounen nees an Europa usidele sollen, fir ons och do méi onofhängeg a resilient ze maachen. Et heescht och, dass mer als Lëtzebuerg an als EU méi eng wäertgebonne Wirtschafts- an Handelspolitik maache mussen. Dat soe mir Gréng net eréischt haut, ech hunn Iech e puer vun eise Referenzen an eisem Walprogramm zitéiert.

Dass de Kreml ons Ofhängegkeet vu russescher Energie notzt, fir Drock ze maachen, weist et ganz däitlech: Handelsbeziéungen sinn och d'office geopolitesch.

*(Interruption par la présidence)*

Hei dierfe mer an Zukunft net naiv sinn. Am Zweifel heescht eng wäertbaséiert Handelspolitik dowéinst och, dass een d'Wirtschaftsrelatiounen limitéiert oder op Handelsaccorde verzicht an am schlëmmste Fall Importverbueter ausschwätzt, respektiv dass Lëtzebuerg sech um Europaaniveau dofir asetzt.

Ech kommen zum Schluss, Här Präsident. Wéi gesot, kënnen och Sanktiounen sënnavoll sinn, ma si bleiwen de „last resort“, fir „Lëtzeburgeresch“ ze schwätzen, wa soss näischt méi geet oder et ze spët ass. A schlisslech bedeit eng wäerteorientéiert Handelspolitik och, sech selwer Reegelen ze ginn, fir dass de Schutz vun de Mënscherechter an der Ëmwelt och tatsächlech héichgehalte gëtt. D'EU-Propos vun der Direktiv fir eng Liwwerkettegesetzgebung läit um Dësch, Här Minister, si geet an déi richteg Richtung; ech kommen herno dorop zrëck.

Erlaabt mer awer, en Zitat ze huelle vun deem Rapport, deem d'ASTM a Greenpeace haut ...

*(Interruption par la présidence)*

... publizéiert hunn zum FDC. Do steet ënner „L'angle mort du FDC: les droits humains“, dass quasi d'Hallschent vun den Entrepreneuren, déi am Portefeuille sinn, et net esou eescht huelen oder en negativen Impakt hunn, wat d'Mënscherechter ugeet. De Claude Haagen war virdrun heibannen. Mir kënnen him dat weiderginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Ech war d'leschte Kéier e bësse streng mat Iech, Här Margue, dofir haut e bësse manner.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Ech hu menge Virriedner hir Zäite gekuckt.

*(Hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, mee Dir hutt awer net gekuckt, dass et och hei uewen ...

*(Interruption)*

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Jo, mee Égalité des chances.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo. Mee bon, Auer ass Auer!

*(Interruption)*

Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här Präsident. Jo, Här Präsident, Dir Dammen an Dir



Hären, mir soen och deene Lénke villmoos Merci, datt se eis d'Geleeënheet ginn, fir haut iwwert dee Sujet ze schwätzen. Et wor eng Demonstratioun vun enger ganz kllassesch Lénker Qualitéit, déi Der eis hei bruecht hutt, Madamm Oberweis: den Dirigismus. Well Dir sot: „Mir kënnen d'Entreprises net maache loossen, wat se wëllen.“

Wat Dir drënner verstitt, ass ganz interessant, well Dir wëllt u sech Restriktiounen am Baussenhandel. An dat huet ekonomesch Konsequenzen, dat muss ee wëssen, zemools fir e Land wéi Lëtzebuerg. Ech mengen, mir hu praktesch kee Bannemaart, mir brauchen en ekonomeschen Espace, wa mer wëllen ekonomesch iwwerliewen. A mir produzéieren Déngschtleeschungen a Wueren, déi mer an der ganzer Welt verkafen. Ech mengen, wa mer elo op dee Wee ginn a Restriktiounen maachen an nëmmen nach mat enger ganz ageschränkter Zuel vu Länner wëllen Handel dreiwien, ma da maache mer u sech eng Veraarmung vun de Leit a mir schafen Aarbechtslosegkeet. Mir maachen eppes, wat u sech déi Lénk net sollen hunn, awer et ass genau dat Resultat, wat Är Politik bréngt: Aarmut an Aarbechtslosegkeet!

An ech wëilt och ufänke vläicht ... ier ech eng Lëscht maache vun all deene Virdeeler vum Baussenhandel, wëll ech awer deene Gréngen äntweren, well ech es einfach midd si mat där Argumentatioun, datt Mënscherechter an alternativ Energien Hand an Hand ginn. Et ass dach wierklech déi Hypokrisie, well mir wëssen a jidderee weess, datt mer déi Kannerarbecht am Kongo hu fir d'Elektromobilitéit. Mir wëssen et, mir soen et allkéiers! Mir wëssen, datt eng Direktiv an Ausaarbechtung ass, déi vläicht jorelaang nach net kënnt, an Dir huet et a Kaf, et ass Iech egal! Wann Iech d'Mënscherechter ...

*(Interruptions)*

... eppes géife bedeuten, ...

*(Interruptions)*

... wann Iech d'Mënscherechter eppes géife bedeuten, géift Der d'Elektromobilitéit net subventionéieren!

A wéi ass et – wann Der hei vu China schwätzt – mat de Sielenen Äerden? An Äre Wandmillen, déi industriell Wandalagen an esou weider, an an nach esou villen anere Produite si Sielen Äerden, déi ënner schrecklechen ekologeschen a mënscherechtleche Konditiounen ofgebaut ginn. Haalt op mat deem grénge Märche vun de Mënscherechter bei den alternativen Energien, well de Géigendeel ass de Fall! Dir erzielt eppes, wat hei iwwerhaapt net stëmmt.

Mir hunn eng aner Approche. Mir soen: De Baussenhandel ...

*(Interruption)*

Nee, nee! Mir soen: De Baussenhandel huet friddensstëftend Wirkungen, deen huet eng ganz Rei Virdeeler. Mir sinn einfach realistesch. E schaaft Brécken tëscht Länner, e schaaft Brécken tëscht Mënschen. Dat ass einfach ganz wichteg. En ass eng Méiglechkeet, fir iwwer politesch Systemer ze diskutéieren, wann et geet, fir Investitiounsschutz, fir och eng besser Rechtssécherheet fir Entreprises am Ausland, fir Investitiounen ze schützen. Dat ass en Dialog iwwer Rechtsstaatlechkeet. Dee solle mer féieren. Dee mussen mer féieren.

Den Handel ass eng besser Alternativ zur Entwécklungshëllef fir vill Staaten. Den Handel schaaft a ville Länner Mëttelschichten. A Mëttelschichten hätt gär méi politesch Fräiheet. Och dat ass en Avantage fir d'Demokratie. Ma da loosse mer dat dach och benotzen.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Solle mer dann elo handele mat Kobalt oder net?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mir maachen eppes, wat absolutt néideg a wichteg ass an den internationale Relatiounen. Jo, mir bekennen eis zum Handel, well e Mënsche matenee verbënnt a well en eng Chance ass fir d'Demokratie a ville Länner. A wat hätt Der da gesot, all déi Leit, déi hei kommen, wa mer elo keen Handel mat China hätt wéinst den Uiguren oder esou an der Covidkris. Hätt mer gesot: „Nee, mir brauchen Är Masken net. Nee, mir brauchen Är Respiratoren net oder wat Der eis och ëmmer liwwert, well Dir verletzt d'Mënscherechter. Mir verzichten dorobber!“? Mee mir si frou, datt mer Relatiounen hate mat China a mat anere Länner, déi eis gehollef hunn an där Situatioun!

Mee natierlech, mir exportéiere keng Waffen. Dat wär eng aner Diskussioun. Mee mir hu keng Waffenindustrie – an dann ass dat emol ee Problem, dee mer manner hunn!

Moralesch Consideratiounen, ech wëll ... A, ech hunn hei nach en Zitat vun engem ADR-Member viru senger Zäit, engem franséischen Ekonomist aus dem 19. Joerhonnert. Deen huet e flotte Sproch gehat: „Si les marchandises ne traversent pas les frontières, les soldats le feront.“ An dat ass net falsch. Ech mengen, mir sollen de friddensstëftende Charakter vum Handel ni ënnerschätzen! Moralesch Consideratiounen, dat ass esou de Credo vun deene Lénken: alles aschränken, Liwwerketegesetzter an esou weider an esou virun, Desinvestisement, Boykott, Sanktiounsbestriewungen.

Ech wëll och kloer soen, datt d'ADR net prinzipiell géint Sanktiounen ass. Mir hunn elo a Russland gesinn, datt dat e wichteg Facteur ass, wann ee wëll eng Reaktioun hunn op eng Aggressioun, datt Sanktiounen do zum Arsenal kënnen gehéieren. Dat hu mer elo gesinn. Mir hunn et gemaach. Mee mir mussen awer och gesinn, datt Sanktiounen eng ganz Rei Problematiken opwerfen, och fir eis, an datt een do net einfach elo sollt déi verherrlechen. D'Zäit feelt mer, fir an den Detail ze goen, mee och Sanktiounen mussen u Wäerter gebonne sinn. Sanktiounen sollen eis net méi schuede wéi deenen, déi viséiert sinn. A si solle keng Onschëlleg treffen, well mer gär e Regimmiwiesel hätten oder iergendeppes. Dat ass och onmoralesch! Dat heescht, och den Asaz vu Sanktiounen muss genau cibléiert sinn an iwwerluecht sinn.

Da gëtt gesot: Desinvestissement. Et gëtt vum Pensiounsfong geschwat. Ma de Pensiounsfong, deen ass genau do, fir Renten ofzesécheren! An déi sollen esou investéieren, datt se kënnen ekonomesch sënnavoll a stabil schaffen. Mir hunn ëmmer méi Parteien heibannen, déi soen: „Ma kommt, mir ginn un déi Suen am Pensiounsfong.“ Rentenklau vun enger ganzer Rei vu Lénke bis extreem Lénke Parteien, déi jo awer just de Contraire sollt maachen! Si sollt wëssen, datt dat am Interess vum deene kleng Leit ass, fir stabill Pensiounen ze hunn. A wat maache se? Ënnert deene verschiddensten Ursache gëtt de Rentenklau hei propagéiert. Ma mir soen: „Nee! D'Fanger ewech vum Pensiounsfong!“ Deen ass do, fir d'Pensiounen ofzesécheren, ...

*(Interruption)*

... an net fir déi Illusiounen an déi gesellschaftspolitesch Fantasterie vum enger Rei vu Parteien hei wëllen ze finanzéieren.

*(Interruption par la présidence)*

Ee lescht Wuert, Här President, vläicht iwwer Sanktiounen nach an iwwert de Boykott, well ech hunn och d'Madamm Oberweis héieren. Boykott, dat ass eppes, wat ... si seet „a ville Länner“. Bon, mir wëssen – si huet dat Beispill Israel genannt –, de BDS (ndlr: Boycott, Divestment and Sanctions) ass jo bekannt wéinst senger antisemitescher Orientéierung, dat muss een

einfach och soen. An ech wëll hei ee Fazit zéien, wat d'Sanktiounen ugeet: Mir hunn eppes geléiert an der Geschicht, an dat ass, datt Sanktiounen ganz effikass si géint kleng Länner, awer géint grouss Länner si se et wäit manner, well déi fanne vill méi lichte Méiglechkeeten, fir sech aus dem Drock vun de Sanktiounen erauszekréien. An dat mussen mer och bedenken, wa mer déi maachen.

*(Interruption par la présidence)*

Mir si fir fräien Handel. Mir si fir eng Maartwirtschaft. Mir si fir d'Ekonomie. A mir si sécher, datt déi Attitüd och déi ass, déi d'Mënscherechter am beschte kann ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An ech mengen, dass et elo um Här Clement wär.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Alleréisch soen ech och deene Lénken an dem Nathalie Oberweis Merci fir d'Ufro vun dëser Aktualitéitsstonn. Et ass en Thema, wat net nëmmen duerch d'Aggressiounen, duerch d'Invasioun vum Putin sengen Arméien an der Ukrain un Aktualitéitswäert gewonnen huet, mee generell, mengen ech, meritéiert, an der Chamber diskutéiert ze ginn.

Gläichzäiteg huet natierlech den Ugrëff op d'Ukrain duerch dem Putin säi Regim vill Prinzippien a kuerzer Zäit op d'Kopp geworf. Dat internationaalt Völkerrecht ass vun engem Moment op deen anere mat Feiss getréppelt ginn, wéi dem Putin seng Truppen ee souveräne Staat ugegraff hu mam Zil, fir d'Grenzen op der Weltkaart mat Gewalt a mat Blut nei ze zeechen.

Mee och d'Reaktiounen aus dem Weste ginn iwwer alles eraus, wat mer bis elo kannt hunn. Nieft haarde wirtschaftleche Sanktiounen, déi scho bal engem Handels embargo gläichen, wa mer elo nach géifen d'Energieimporter dranhuelen, schécken d'NATO-Staate Waffen a militärescht Material an d'Krichsgebitt.

An och mir Piraten begreissen, datt de Wirtschaftsminister elo eng nei Doktrinn beim Aussenhandel wëllt, déi sech also um Respekt vun de Mënscherechter an de jeeweilige Länner orientéiert. Virun allem de Prinzippien vun der Due Diligence, also der Sorgfaltspflicht, ass jo genee dat, wat d'Initiative pour un devoir de vigilance – mir kenne se all, se stoung och schonn e puermol virun der Dier – zanter Mäerz 2018 fret. Dat ass och eng Demande, déi mir Piraten kloer ënnerstëtzen.

Mir si kloer fir e Liwwerketegesetz. Och wann hei elo eng Propos vun der EU virläit, esou weess keen, wéini déi dann endlech ëmgesat ka ginn. An deem Sënn ass dat hei en Dogmewiesel, dee mir Piraten elo emol op den éischte Bléck matdroen. Natierlech mussen elo d'Detailer an d'Aktiounen op dës Annonce nokommen. An da mussen mer kucken, wat déi Reaktiounen sinn an ob se eis wäit genuch ginn oder net. Dat wëll ech elo mol nach an de Raum stellen, well ech erënneren nach eng Kéier drun, datt Lëtzebuerg als eent vun deenen eenzege westleche Länner e Staatsoberrhaupt op Peking reese gelooss huet. Dat hu mir Piraten kritiséiert an dat huet Lëtzebuerg op EU-Niveau och definitiv keng Pluspunkte bei eise Partnerlänner abruucht.

Am Endeffekt war et eisen ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Who cares?

**M. Sven Clement** (Piraten) | „Who cares?“, fret den Här Kartheiser mech! Ma ech mengen, datt et eng Chamber muss ginn, déi sech mat esou Theeme muss beschäftegen. An ech fannen et och ganz speziell, datt sech d'„Partei vum kleng Mann“, wéi se sech gären nennt, eng ultranationalistescht Partei, hei op eemol fir eng onreglementéiert Globaliséierung asetzt. Also:



„Zwei Seelen wohnen, ach! in meiner Brust“, do freet ee sech awer, ob dat net scho bal u Schizophrenie grenzt! Mee bon, dat si mer jo aus deem Eck vum politesche Spektrum méi wéi gewinnt.

*(Hilarité)*

Am Endeffekt war eise Grand-Duc also mam Lëtzebuerger Fändel nieft dem Xi Jinping zu Peking an et gouf e Pressecommuniqué vum chinesescher Säit, wou kee Wuert iwwer Mënscherechter drastoung! Goufe se ugeschwat? Vläch, vläch net. Op alle Fall hunn d'Chineese sech domadder gebretzt, datt de Lëtzebuergesche Grand-Duc si besiche komm ass.

An ech mengen, genee do ass de Problem. Mir musen eis dëse Symbolmomenter méi bewosst ginn! Mir dierfen net iwwer esou Weeër autoritär an totalitär Staaten no bausse legitiméieren. Dat si Schrauwen, un deenen een einfach a séier kann dréien! Mee déi ginn natierlech bei Wäitem net duer.

Joerzénge war Lëtzebuerg um russesche Marché extreem interesséiert. Mir hu riseg Wirtschaftsmissiounen op Moskau geschéckt. Mir hu Banken heihinner gelackelt. An ech zitieren elo d'Zuele vu „Paperjam“ net nach eng Kéier, wéi vill Milliarden duerch Lëtzebuergesch Strukture gefloss si respektiv hei verwalt ginn. Déi Zuele gi jo och op der Place publique méi wéi kommentéiert.

Gläichzäiteg huet eise Pensiounsfong – an da kommen ech op „Renteklau“ ze schwätzen –: Majo, de Pensiounsfong huet Renteklau gemaach, andeem e Milliounen a Russland investéiert huet, déi elo duerch d'Sanktiounen all Wäert verluer hunn. Hätte mer déi net an engem autokratesche Regimm, dee Krich féiert, investéiert, dann hätte mer déi net verluer. An de Rendement wär méi assuréiert gewiescht, wa mer eis géifen un eethesch Valeuren halen.

Dat sinn nämlech Suen, déi d'Leit an d'Pensiounskeess abezuelen, Suen, déi si dem Pensiounsfong uvertrauen an déi grad dofir solle sécher a gutt investéiert ginn. An zu sécher a gutt gehéiert nun emol hautdesdaags, dat och eethesch a moralesch korrekt ze maachen.

*(Interruption)*

Mir Piraten hoffe wierklech, datt 2023 – an hoffentlech éischter – en neien nohaltegen Investitiounsplanng fir den FDC kéint, well esou kann et einfach net weidergoen! Mir finanzéiere via Pensiounsfong Uelegfirmen, Firmen, déi modern Sklaverei a Länner wéi Indonesie bedreiwen, a bis viru Kuerzem och nach dem Putin säin enkste Krees. Et ass jo net eréischt säit gëschter, datt de Putin respektiv säi Regimm op Sanktiounslëschten opgetaucht ass. Scho säit 2014, wéi en d'Krim annexéiert huet, gouf et Sanktiounen. Wat huet de Pensiounsfong gemaach? Weider monter a Rubelen investéiert!

De Pensiounsfong ass also déi Plaz, wou mer wierklech am séierste mussen usetzen, fir datt mer als Staat hei och eng Virreiderroll iwwerhuelen. Well mat wat fir enger Justifikatioun gi mir als Staat hin a soen de Betriber, si misste sech un e Liwwerkettegesetz halen, si missten eethesch a moralesch korrekt agéieren, wa mer et selwer net hikréien?! Och dat ass hypokritesch! A mir mussen eis un der eegener Nues huelen, respektiv den Exekutiv muss sech un der eegener Nues huelen. Well ech weess, datt zumindest hei an der Chamber méi wéi eng Kéier drop higewise gouf, datt den FDC méi nohalteg misst investéieren, an datt et vusäit vum der Majoritéit allkéiers geheescht huet: „Do kann ee jo awer wierklech net drugoen.“ Do freet ee sech scho bal, ob den Här Kartheiser et méttlerweil an d'Majoritéit gepackt huet.

*(Interruption)*

Mir kënnen als Staat also net verlaangen, datt anerer eppes maachen, wa mir net deen éischte Schrëtt selwer maachen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt mir eis fir eng Reform vun der Investitiounspolitik vum Pensiounsfong a politesch Boykotte vu Veranstaltungen wéi d'Winterspiller zu Peking asetzen, ass evident. Dat gouf heibannen oft genuch thematiséiert.

Mir erwaarden eis dofir, datt dës Regierung elo séier en éischte Plang virleet, wéi se eis Wirtschaft wëllt op de Wee vum Respekt vun de Mënscherechter bréngen, mee datt se och, wat d'Exekutiv selwer betrëfft, mam gudde Beispill virgeet an esou diplomatesch Debatte wéi d'Visitt zu Peking a weider Investissementer a Pétrofirmen ab sofort si léisst!

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Mir sinn um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm.

D'Wuert huet elo direkt den Här Wirtschaftsminister, de Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Merci, Här President. Och merci dem Nathalie Oberweis fir déi Aktualitéitsstonn an och merci all den Deputéierten, déi hei intervenéiert hunn an deem Debat, deen, mengen ech, e wichtegen Debat ass, deen ech jo am Fong mat provoziert hunn duerch deen Interview, deen ech ginn hunn, wou ech effektiv gesot hunn, dass ee sech am Fong misst d'Fro stellen, mat wien ee géif an Zukunft Handel maachen. An ech mengen effektiv, dass dat, wat elo geschitt ass an der Ukrain, deen Aggressiounskrich vu Russland, dass deen och e Paradigmewissel mat sech bréngt, dass dat och eng Aart vun Zeitenwende ass an der Aart a Weis, an der Fro, mat wien mer solle commercéieren.

Ech géif awer och gäre soen, dass dat natierlech e komplizéierten Debat ass – an ech hu jiddwerengem gutt nogelauschert – an dass et natierlech och en Ennerscheid gëtt tëschent engem Land, Russland, deem säi President en onprovozierten Ugrëffskrich op e souveräant Land lancéiert huet, an enger Rei anere méi oder manner demokratesche Länner, an deene mer aktiv sinn oder an deenen eis Entrepreneuren aktiv sinn. An och dat ass effektiv eng Nuance, déi, mengen ech, wichteg ass, dass et am Commerce extérieur jo am Fong an éischter Linn drëm geet, dass Lëtzebuergesch Entrepreneuren an auslännesche Marchéen aktiv sinn, sech an anere Länner implantéiert hunn oder do Marchéen hunn, an déi se exportéieren.

An dann ass et natierlech d'Fro als Land, ob een do enner Form vun eisen LTIOen, eisen Trade and Investment Offices, present ass, fir och déi Marchéen an déi Presenz ze facilitéieren, ob ee Wirtschaftsmissioun mécht, ob een Deplacementer mécht an déi Länner. Alles dat gehéiert natierlech zu enger Wirtschaftspolitik, gehéiert zu enger Politik vum Commerce extérieur, wou ee sech relativ genee muss froen, mengen ech, an enger essenzieller Suerg vu Cohérence des politiques, wann een engersäits seet: „Mir hunn eng mënscherechtsbaséiert Aussepolitik, mir hunn eng Aussepolitik vun de Fraerechter, mir setzen am UNO-Mënscherechtsrot a mir setzen eis a fir d'Rechter vun de Flüchtlinge weltwäit an och an Europa“, wat een dann anersäits mécht a sengem Aussenhandel. Ech mengen effektiv, an ech stinn och dozou, dass ee sech déi Fro ganz seriö soll stellen a sengen Efforten, fir den Aussenhandel opzebauen.

Ech maachen dat och an ech géif och gären drop hiweisen, dass déi Wirtschaftsreesen – well dat ass jo och ugeschwat ginn –, déi ech bis elo gemaach hunn, an dat waren der net immens vill, „Covid sei Dank“ oder duerch de Feeler vum Covid, dass déi effektiv awer op Plaze waren, wou et esou fundamental Problemer net gëtt. Déi nächst Deplacementer, déi geplangt sinn, sinn am Juni a Kanada, am November gi mer op New York an op Boston. Mir hunn och bis Enn des Joers eng Rees a Südkorea geplangt. Also alles Länner, déi, mengen ech, vun deem Point de vue aus op alle Fall net reprochéiert kréien, dass se Violatiounen maache vu Mënscherechter.

Ech weess awer natierlech och, dass mer a Länner ënnerwee sinn – d'Nathalie Oberweis huet dat gesot, an anerer och –, wou et Problemer gëtt. Ech géif och gäre soen, dass mer déi Problemer uschwätzen an den Diskussiounen, an eisen diplomatesche Relatiounen, an eisen Diskussiounen mat den Ambassadeuren vun deene Länner, wou mer dat ëmmer erëm uschwätzen. Wann an Israel eis Infrastrukturen demoléiert ginn, déi mer mat der Lëtzebuergesch Kooperatioun finanzéieren, sief dat Schoulen oder Spideeler oder wat och ëmmer an den Territoiren, da schwätze mer dat un an da kritizéiere mer dat och ganz kloer. Dat si Saachen, déi ganz kloer net ginn!

Op där anerer Säit ass et awer och richtig, dass mer eng kommerziell Relatioun hu mat Israel, dass mer zum Beispill am Beräich vun der Digitalisatioun, am Beräich vun de Startuppe mat Israel zesummeschaffen, well se eeben do eng ganz dynamesch Zeen hunn a well se ganz vill maachen, zum Beispill am Beräich vun der Cybersécherheet an anere Beräicher, an deene mir och als Land ënnerwee sinn.

Dat ass en Equiliber, deen ee muss fannen a wou een, mengen ech, och – an dat ass jo d'Komplexitéit e bësse vun der Saach – natierlech kann de grouse Puriist sinn a soen: „Ech wëll näischt méi mat deenen doten ze dinn hunn! Ech schwätzen net méi mat deenen“, mee dann huet een natierlech awer och kee Levier méi mat hinnen, fir Messagen eriwuerzebréngen, fir iwwer Valeuren ze schwätzen, fir iwwer Mënscherechter ze schwätzen. An ech mengen, dat wär e Feeler!

Ganz ofgesinn dovunner, dass et awer natierlech nach Entreprisé gëtt, déi nawell wäerten dohinnergoen. Soit dit en passant, wann et Länner sinn, wou et einfach ass, do brauchen eis Entrepreneuren eis natierlech och net, fir dass se kënnen dohinnergoen. Et ass natierlech éischter an deene Länner, wou et e bësse méi komplizéiert ass, wou een dann eng Hëllef muss leeschten, mee ëmmer als e kritesche Partner an ouni déi Saachen do auszeblenden.

Dat selwecht ass iwwerens wouer ... A mir hunn déi Diskussioun jo alljoers erëm während der Kooperationsdebatt, wa gesot gëtt: „Déi Partnerlänner, wou mer ënnerwee sinn, wou mer Entwécklungszesummenaarbecht maachen, dat sinn alles keng super Demokratien. Do gëtt et Problemer vu Gouvernance.“ Jo, dat ass richtig, mee dat ass an der Natur vun der Saach. Och do gëllt erëm eng Kéier, dass mer jo probéieren, duerch Education, duerch Verdedegung vun de Mënscherechter, duerch déi Leit, déi sech fir d'Mënscherechter asetzen, dass mer déi protégéieren, duerch all déi Saachen, déi mer maachen och mat den ONGen, d'Situatioun ze verbesseren. Och do gëllt, mengen ech, déi selwecht Reegel vun enger kritescher Partnerschaft, an där mer versichen, e Changement ze bréngen doduerch, dass mer trotzdeem an deene Länner do present sinn.

Dann zu der Thematik vum Respekt vun de Mënscherechter an den Entrepreneuren an iwwert den Devoir de vigilance. Dat ass eppes, wat mir ganz staark um



Häerz läit. Mir hu schonn des Ëfteren hei am Parlament driwwer geschwat. Ech géif och nach eng Kéier gären drop opmierksam maachen, dass ech do als Minister am Fong deen Éischte war, deen dat souwuel am Wirtschaftsministère wéi och an der Kooperatioun an eis Aidë mat erageschriwwen huet. Mir hu souwuel an eise Wirtschaftsaiden am Ministère vun der Economie wéi och zum Beispill an eiser Business Partnership Facility eng Clause dran, wou déi Entreprisë sech engagéieren, d'Mënscherechter ze respektéieren an all deene Länner, wou se aktiv sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Dat ass eng Konditioun, déi mer drageschriwwen hunn, déi juristes bannend ass. An dat ass en éischte Schrëtt, e ganz konkreet Schrëtt an eng ganz konkreet Ëmsetzung vun där Mënscherechtsproblematik an den Entreprises.

Doriwwer eraus sinn ech der Meenung, an ech hunn dat och oft gesot, dass et, mengen ech, preferabel ass, fir en europäesche Kader ze hunn an deem Beräich. Dat ass fir mech kee Verschiben op déi laang Bänk. Ech weess, dass ganz vill spekuléiert gëtt, wéi laang dat elo dauert, bis dat Gesetz do duerch ass um europäeschen Niveau. Ech weess, dass och net jiddwereen zu 100 % domat zefridden ass. Mee ech mengen trotzdem, dass et – haaptsächlech fir e klengt Land – an eisem Interêt ass, e gemeinsamen europäesche Kader ze hunn, fir keng Fragmentéierung vum Bannemaart ze kréien. Och dat ass fir eis extreem wichteg. An dat ass eppes, woufir mer eis ëmmer erëm engagéieren, dass mer all Zersplitterung vu Reegewierker duerch national Legislatiounen am léifste gäre vermeiden.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Dat ass och richteg beim Devoir de vigilance. Dofir sinn ech frou, dass mer elo eng europäesch Virlag hunn. Ech kann Iech och soen, dass mer eis wäerten engagéieren, fir dass dat en ambitiësen Text gëtt, wou esou vill wéi méiglech Entreprises drafalen a wou och natierlech esou vill wéi méiglech Mënscherechter wäerten drënnerfale. Mir sinn natierlech amgaang, dat och ze verschaffen an eisem Comité interministériel. Ech mengen, dat ass fir de Moment effektiv à l'étude. A mir kucken, dass mer dat eebe weiderdreiwen an der europäescher Legislatioun.

Ech mengen awer, dass och an deem Beräich – well ech dat jo trotzdem och gesinn an den Entreprises an an den Diskussiounen mat deene verschiddenen Organisatiounen, déi sech domadder beschäftegen, sief dat en INDR (ndlr: Institut national pour le développement durable et la responsabilité sociale des entreprises), bei der Chambre de Commerce, awer och, wann ech an d'Entreprisë selwer ginn, da gesinn ech dat –, dass do d'Entreprisë sech alleguerten awer eng Politique RSE ginn.

Déi ganz Iddi vun enger Politique environnementale, sociale, de gouvernance ass extreem wichteg, well ee vu jiddwerengem héiert – an ech mengen, dat wär wierklech eng Realitéit –, dass Jonker et net méi akzeptéieren, fir eng Entreprise ze schaffen, déi keng Valeuren huet, déi net fir Valeuren asteet. Dat ass e reelle Paradigmewissel. Dat ass e Mentalitéitswiesel bei jonken an och bei manner jonke Mataarbechter, déi ganz staark attachéiert sinn un där Adhesioun zu enger gudder Ëmwelt, zu soziale Wäerten, zu Mëscherechter, zu enger transparenter Gouvernance.

Do kënn e Wiessel. Do kënn och e Changement vun ënnen, deen extreem puissant ass an deen och wierklech, mengen ech, zu där vertueuser Transformatioun vun der Economie bäidréit.

Voilà! Ech mengen, domat hätt ech en fait op déi verschidde Bäitrag geäntwert. Ech si frou iwwert déi

Diskussioun, well et ass effektiv beileiwe keng einfach. Dat huet déi Diskussioun haut gewisen. Et kann een do, wéi gesot, méi oder wéineger puristes sinn. Mir op alle Fall ass dru geleeën, dass mer eng Linn do hunn an dass mer dat wierklech an all deene Länner, wou et do och Saachen ze bemängelen gëtt, nieft dem Commerce, dee mer do dreiwen, a wuer mer op Mission-économiquë ginn, och ganz kloer uschwätzen an eisen diplomatesche Relatiounen mat deene Länner an och an eise politesche Relatiounen mat deene Leit, mat deene mer dann do schwätzen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Minister Franz Fayot.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Här President!

**M. Fernand Etgen**, Président | Parole après ministre fir d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Merci och dem Minister fir seng Äntwerten, och de Kollege fir hir Exposéen. Ech hätt nach déi eng oder aner Fro un de Minister. Ech si mer och net sécher, ob en all meng Froe beäntwert huet.

Do war nach déi Fro vun de Pilotprojeten, wou dat drun ass. Et ass jo virgesinn, dass et Pilotprojete gëtt am Kader vu Betriber, déi staatlech sinn, wat den Devoir de vigilance ugeet.

Da war déi Fro och: Bei Ärer Ausso, do hutt Der jo sécherlech och u Länner geduecht respektiv u Krittären. Dir sidd elo weider net drop agaangen, mengen ech, duerfir meng Fro nach eng Kéier: U wéi enge Krittäre géift Dir dat da festmaachen? Dir hutt zwar elo vun dem Devoir de vigilance op EU-Niveau geschwat. Mee bon, wann Der déi Ausso maacht, dann hutt Der jo sécherlech awer och iergendwéi schonn eng gewëssen Iwwerleeung do hannendrun. Dat heescht: U wéi eng Krittäre géift Der do denken?

Dann hutt Der gesot, dass mer eng mëscherechtsbaséiert Aussepolitik hunn, an déi och op Fraerechter baséiert. Eh ben, da froen ech mech, wéi dat da verëenbar ass, wa mer a Länner gi wéi an d'Veereenegt Arabesch Emirater trotzdem!

Ech héieren hei vun Iech alleguerten, dass een d'Dier muss oploossen, dass ee muss de Kontakt an den Dialog halen, och vum Minister. Ech hunn net de Géigendeel gesot! Ech hunn ni gesot: „Mir dierfen net matenee schwätzen.“ Am Géigendeel! Ech sinn dat Éischt, dat seet: „Mir mussen matenee schwätzen.“ D'ailleurs, dat soen ech och elo hei bei Russland. Dat heescht awer net, dass mer müssen onbedéngt Handel mat egal wem dreiwen.

*(Interruption)*

Also ech mengen, dat muss awer och ganz kloer gesot ginn: Mir sinn net géint den Dialog, mir sinn och net géint eng oppen Dier. Am Géigendeel!

Da géif ech awer och do virdru warnen ze mengen, dass, well ee matenee schwätzt, da sech alles matenee verbessert. Dir hutt elo vun Israel geschwat, dass si d'Projete futti maachen, déi vu lëtzebuergeschen oder EU-Gelder finanzéiert ginn, an dass mer eis da bei hinne bekloen. Eh ben, si laachen iwwer eis! Mir misste se u sech froen, dass se eis d'Suen erëmginn! A geneesou ass dat och bei anere Fäll, wou mer d'Mëscherechter uschwätzen. Mee déi laachen zum Deel iwwer eis! Si si jo just un de Suen, un de Projeten interesséiert.

Ech mengen, wa mir dohinnerginn, wéi elo deslescht op Dubai, an da schwätze mer d'Mëscherechter un – ma si erwaarde sech dat, wéi dat d'ailleurs och vum

däitsche Verteidigungsminister, mengen ech, gesot gouf. Wéi en elo am Katar war, huet en och gesot: „Si waarde schonn drop, dass mer iwwer Mëscherechter schwätzen.“ Natierlech waarde se drop, well jo all Mësch dat mécht! An dann ass d'Diskussioun fäerdeg an da geet et bei de Business eriwuer!

Also ech mengen, mir dierfen eis och näischt virmaachen! Mir ginn ëmmer als déi Naiv hei duergestallt, mee ech mengen wierklech, dass et de Géigendeel ass.

Merci villmools!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zrëck un den Här Fayot.

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Bon, bei de Pilotprojete vu staatlechen Entreprises, do sinn ech elo net genee um leschte Stand. Ech kann Iech just soen, et ass eng staatlech Entreprise, déi ech ganz gutt kennen, dat ass d'Post. Déi hunn eng ganz gutt ESG-Politik, déi effektiv ganz wäit geet, wou se wierklech souwuel am Beräich vun hirer Kleedung kucken, dass se genee wëssen, wat d'Origin ass vun deene Kleeder, déi se kafe fir d'Brëifdréier, fir hir Beleggschaft, an duerno eng Kreeslafwirtschaft domadder maachen. Si sinn an alle Beräicher wierklech ganz, ganz wäit fortgeschrott an där Iddi vun der Kontroll vun hire Liwwerketten. Bon, dat ass elo eng staatlech Entreprise, déi mer direkt an de Kapp kënn. Fir déi aner muss ech dat nokucken, ech hunn dat elo net present.

Bon, wat fir Krittären? Jo, Dir schwätzt d'Emirater un, mat de Fraerechter. Ma d'Fraerechter, dat ass eppes ... Et kann ee vill Saache soen iwwert d'Emirater, mee et ass eent vun deene Länner am Mëttleren Osten, wat dann awer nach bei de Fraerechter relativ méi wäit ass wéi anerer. Si hu Fraen an hirer Regierung. Bon, si hunn aner Beräicher, déi vill méi problematesch sinn. Mee an de Fraerechter, do hu se eng gewësse Modernitéit, déi ...

*(Brouhaha)*

Bon, do kann een elo driwwer laachen, mee dat ass eng Realitéit. Ech wëll dat elo net ..., ech mengen, wéi gesot, et gëtt do munches ze soen. Mee dat weist awer, dass net ëmmer alles schwaarz oder wäiss ass.

A bei de Krittären ass et effektiv, wéi ech dat elo gesot hunn, do muss ee sech natierlech eng Linn gi vu Respekt vu Mëscherechter. Et ass natierlech nach eng Kéier eppes anescht, ob een elo iwwer e Land wéi Russland schwätzt, wat elo just en Aggressionskrich gemaach huet, oder e Land wéi Israel, wat och vill Saache mécht, déi problematesch sinn. Mee ech mengen, do muss een eng Linn fannen. Dat ass net einfach. Mee dat ass awer den Challenge, eppes, wat ech gäre géif maachen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Fayot.

**Motion 1**

Ier mer dese Punkt kënnen definitiv ofschléissen, mussen mer nach iwwert d'Motioun befannen.

Wie wëllt nach zur Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, merci, Här President. D'Madamm Oberweis an d'Madamm Cecchetti proposéieren eis hei eng Motioun, wou se eigentlech soen: „Et geet eis net séier genuch mat dem Liwwerkettersgesetz.“ An ech verst si ganz gutt! Ech verstinn och alleguerten déi ONGen an alleguerten déi Leit, déi scho laang drop waarden. Mir sinn nämlech am selwechte Fall!



Et war eis scho versprach ginn, dass déi däitsch Présidence géif en Text proposéieren. Duerno hu mer awer näischt méi héieren. Och déi sloweenesch Présidence huet net geliwwert, déi portugisesch Présidence huet net geliwwert. Elo si mer an der franséischer Présidence. A mir hunn awer elo de leschte Mount en Text kritt, eng Proposition de directive ass entstanen, ass op den Dësch komm.

Ech wëll gäre rappeléieren, dass d'Lëtzebuerger Regierung sech ëmmer agesat huet op EU-Niveau fir e Gesetz, notament eisen Ausseminister, an dass och mir hei als Chamber eis Aarbecht gemaach hunn. Ech ka mech erënneren un zwee Mol, wou de Kommissär Reynders hei war a wou mer em zweemol gesot hunn: „Hei, mir hätte gären, dass deen Dossier do Stullgang kritt.“ Also, mir hunn och do eis Hausaufgabe gemaach.

Natierlech geet et eis nach ëmmer net séier genuch. Mee ech mengen awer, dass mer elo net kënnen dem Comité interministériel mat dëser Motioun virgräifen. An ech mengen och, dass hei kee ka garantéieren, dass mir dëst Joer schonn en Text virun Enn des Joers doleien hätten.

Dofir proposéieren ech, dass mer déi Motioun hei ofleenen. Mee ech proposéieren awer de Kollege vun déi Lénk, well et awer en Theema ass, wat eis alle guerten um Häerz läit, dass mer eis de Méindeg an der Kommissioun – do hu mer jo aussepolitisch Kommissioun –, Zäit huelen, fir da mam Minister de Point ze maachen: Wou si si drun? Wéini kënn d'Diskussioun an de Conseil?

An da wësse mer jo och, dass, wann eng Proposition de directive kënn, och d'Europaparlament nach ee Wiertche matzeschwätze kritt. A mir hoffen, dass déi awer wäerten hëllefen, dass hei en ambitiëse Projet dobäi erauskënn, esou wéi de Minister Fayot dat och virdu gesot huet.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. Dann huet den Här Claude Wiseler d'Wuert gefrot.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci, Här President. Ech ka mech deene Wieder do uschléissen, éischtens, fir ze soen, mir si selbstverständlech och fir e Liwwerkettegesetz. Dat ass eng absolutt Evidenz. Ech stellen awer och fest, dass d'Kommissioun elo en Text deposéiert huet. Dee mag duergoen oder net duergoen; an eisen Aen, mengen ech, wär deen och nach verbesserungsbedierfteg.

Ech trauen awer effektiv dem Europaparlament zou, dass do nach eng ganz zolidd Diskussioun wäert kommen an dass deen Text nach a verschiddene weesentleche Punkten anescht erausgeet aus dem Europaparlament, wéi en eragaangen ass.

Ech fannen eng europäesch Léisung nach ëmmer wichteg. An dofir hoffen ech, dass d'Europaparlament schnell widerkënn, fir eis duerno en uerdentlechen Text dohinnerzeleeën. An et wär sënnvoll, wa mer deen Text a ganz Europa hätten. Dofir kënn mer dës Motioun och net matdroen. A wann den Här Cruchten scho proposéiert huet, fir et an der Kommissioun nach eng Kéier unzeschwätzen, da si mer Demandeur fir déi Diskussioun.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Wiseler. An da geet d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci. An och merci der Kollegin vun de Lénken, dass se eis deen Text hei proposéiert huet. Ech mengen, wa mer

dat an der Kommissioun diskutéieren, da maache mer dat gär mat. Soss géife mir deen Text hei net matdroen.

An ech mengen, mir mussen einfach an dëser Diskussioun ronderëm d'Liwwerketten, wéi an aneren, ganz realistesch sinn. Mir mussen emol kucken, wat um europäeschen Niveau elo proposéiert gëtt. Well wann Der och kuckt, wéi eis Industrie, eis Entrepreneuren op déi do Diskussioun reagéieren, dann hu se eng gewëssen Inquietude. Net, well se net wëilten do och kucken, dass eethesch Krittäre respektéiert ginn, dass ass net hire Souci! Mee wat kënn op se duer, éischtens emol un administrativem Opwand? Dat ass emol eng éischt Fro, déi mer eis musse stellen. Zweetens: Wat kënn se iwwerhaupt kontrolléieren? A wéi eng Donnée kënn se iwwerhaupt kréien, fir d'Liwwerketten nozevollzéien? Dat ass eng extreem komplex Matière.

Dat heescht, ech géif emol derfir plädéieren, an dat hu mer als ADR ëmmer erëm gesot, dass mer bei där ganzer Diskussioun ëm d'Liwwerkettegesetz kucken, dass mer eis eegen Entrepreneuren net an eng Situatioun setzen, sief et an der Konkurrenzsituatioun géint iwwer dem Ausland – dass ass déi Thematik national versus europäesch Léisung –, dass se do géifen an en Nodeel geroen, an zweetens, dass mer näischt vun hinnen erwaarden, wat hir Chargen, administrativer oder anerer, géif esou an d'Luucht schrauwen, dass mer hinnen eng Belaaschtung operleeën, déi se net wëllen an net kënnen droen.

Also mir sinn do fir eng realistesch Approche. Wa mer um europäeschen Niveau eng Léisung fannen, déi bei enger rasonabler Gréisst vun Entrepreneuren ufänkt, da kann een dat matdroen. Wann et awer herno drop erausleef, dass mir en nationalen Alleingang maachen hei zulaaschte vun de Lëtzebuerger Entrepreneuren, wou mer Saache vun hinne verlaangen, déi se net kënnen erfüllen, da wäert d'ADR dat sécher net matdroen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Villmools merci, Här President. Merci och fir d'Reaktiounen. Fir d'éischt emol fänken ech un als Reaktioun op dem Här Kartheiser seng Proposen: Et wär keen Alleingang, well et gëtt schonn national Gesetzer. Dir wësst, dass et esou Gesetzer a Frankräich gëtt, an Däitschland an ech mengen nach an anere Länner. Dat ass dat Éischt. Dat heescht, mir si scho kee Virreider méi, mir si schonn zimmlech à la traîne hei. Dat ass dat Éischt. Also mir hätten eis dat gewënscht. Bon, wann d'Parlament net mat op dee Wee geet, fanne mir dat extreem schued, well, wéi gesot, mer net eleng do ënnerwee sinn.

An da géife mer eis awer wënschen ..., wann Dir elo awer op de Wee gitt vun der Propos op EU-Niveau, wat ech eraushéieren aus der Majoritéit, da géife mer dem Här Minister wierklech mat op de Wee ginn a wierklech un d'Häerz leeën, dass e sech derfir engagéiert, dass d'Finanzen och als Risikosektor unerkannt ginn. Well mir gesinn, zu Lëtzebuerg hu mer awer e Sektor, deen do wierklech immens, jo, am Zentrum steet, an duerfir wär et ganz wichteg, dass mir dann awer, wa mer wëllen eng Roll spillen, dee Sektor och unerkennen als Risikosektor. Et wär also ganz fein, wann Der kéint dat Wuert mat op Bréssel huelen.

Merci villmools!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. Ech mengen, da kënn mer elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

## Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 4 Jo-Stëmme a 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par Mme Francine Closener), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Yves Cruchten), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

## 9. 7846 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données en vue de la transposition de la directive 2019/789 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 établissant des règles sur l'exercice du droit d'auteur et des droits voisins applicables à certaines transmissions en ligne d'organismes de radiodiffusion et retransmissions de programmes de télévision et de radio, et modifiant la directive 93/83/CEE du Conseil

Als nächste Punkt um Ordre du jour kënn de Projet de loi 7846, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Droit-d'auteurs. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif d'Wuert un d'Rapportrice vun dësem Projet de loi ginn, déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

**Mme Francine Closener** (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, mat dësem Projet de loi gëtt d'Reform vun der sougenannter Satelliten- a Kabeldirektiv, och genannt SatCab II, an nationaalt Recht ëmgesat. Et handelt sech dobäi ëm d'Direktiv 2019/789 vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 17. Abrëll 2019.

Et geet dobäi ëm déi grenziwwerschreidend Transmissioun a Retransmissioun vu Radios- a Fernsehprogrammen, méi prezis ëm d'Upassungen un eis haiteg Zäit. Déi ursprénglech Direktiv vun 1993, wéi den



Internet nach quasi keng Roll gespillt huet, war nämlech reng op Iwwerdroungen iwwer Kabel oder Satellitt achséiert an heimat gëtt den neien digitalen Offere Rechnung gedroen, den Onlineservicer vu Radios- an Televisiounssenderen.

*(Brouhaha)*

Doriwwer eraus bréngt dës Direktiv, déi dach en zimmlech technesche Charakter huet, awer och eng Rei Verbesserungen an der EU, wat d'Droits d'auteur an d'Droits voisins ugeet.

En gros ginn dräi Ziler mat der Direktiv SatCab II verfollegt: Éischstens gëtt de Prinzip vum Pays d'origine bei verschiddenen Onlineservicer vu Radios- an Téléestatiounen applizéiert. Zweetens: Et ginn nei Dispositiounen agefouert, wat d'Retransmissioun vu Radios- an Téléesprogrammer ugeet, déi iwwer aner Moyene wéi de Kabel iwwerdroe ginn, notament gëtt d'Gestion collective fir d'Retransmissioun agesat. An drëttens gi Reegelen opgesat, wat d'Technik vun der sougenannter Injection directe ugeet.

D'Direktiv SatCab II gëtt eent zu eent ëmgesat, bis op ee Punkt. Bei de Reegelen nämlech, wat déi Injection directe ugeet, huet Lëtzebuerg eng weider Dispositioun a sän Text agesat, déi an der Direktiv esou net virgesi war. An deemem Punkt gëtt nämlech déi individuell Responsabilitéit vun der Radiosstatioun a vum Distributeur vum Signal traitéiert, wann d'Radiosstatioun d'Technik vun der Injection directe benotzt. Eng Technik, déi ëmmer méi gängig ass, dat wësst Der: Amplaz se iwwer Kabel oder Antenn ze diffuséieren, senden d'Statiounen hir Programmer direkt via en Distributeur un de Public. Zu Lëtzebuerg kann een do den RTL Group als esou ee Producteur-émetteur nennen an d'Post als Distributeur.

Här President, et ass gutt, dass mer dës Projet haut stëmmen. Eigentlech hätt d'Direktiv nämlech scho bis de 7. Juni 2021 missen ëmgesat ginn. Fir déi Verspéidung, fir dee Retard gëtt et e Grund, an zwar deen, dass d'Regierung op d'Publikatioun vun deem belschen Text gewaart huet, fir sech deem kënnen unzepassen, e Wee, dee vum Staatsrot recommandéiert gëtt, fir eng gewësse Kohärenz mat den Nopeschlänner bäizebehalen.

Am Virfeld dovunner hat de Ministère eng ganz Rei Parties prenantes consultéiert. Dës Consultatioun hat derzou gefouert, dass, wat d'Organismes de gestion collective betrëfft, ee Punkt konnt preziséiert ginn an den Text esou och méi eng grouss Sécurité juridique garantéiert.

A sengem Avis vum 12. Oktober 2021 gëtt de Staatsrot sän Accord zum Projet. An och d'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum 21. Oktober vum leschte Joer keng Commentaire formuléiert.

Här President, dësen Text huet och net zu gréisseren Diskussiounen an der Kommissioun gefouert, soudatt ech mech och hei ka kuerzfaassen. Fir d'Detailer verweisen ech gären op mäi schréffleche Rapport. Ech soen Iech Merci fir d'Zesummenaarbecht a ginn heimat och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen der Madamm Rapportrice, der Madamm Francine Closener, villmools Merci.

Ech ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner an dat ass déi honorabel Madamm Diane Aehm.

**Discussion générale**

**Mme Diane Aehm** (CSV) | Merci, Här President. Ech schlësse mech Äre Wieder un a soen der Rapportrice och villmools Merci fir hire schréfflechen a mëndleche

Rapport. Si war esou komplett, dass eigentlech dat, wat ech soe wollt, schonn alles gesot ass. An ech géif nach just den Accord vu menger Fraktioun ginn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Aehm. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Guy Arendt.

**M. Guy Arendt** (DP) | Merci, Här President. Ech soen och der Madamm Closener e grouse Merci fir hire Rapport, schréfflech souwuel wéi mëndlech. An ech schlësse mech am Fong un: Et ass alles gesot. A mir ginn den Accord vun der DP.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Arendt. An elo ass de Mikro fräi fir déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

*(Brouhaha)*

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Jo, ech hu mech virbereet an ech wollt dat awer ...

*(Interruptions et hilarité)*

Nee, ech wëll dat net behapten, mee ...

*(Hilarité)*

... et ass just, ech hätt e puer Wuert méi ze soe wéi just ... Jo, voilà!

Also haut schwätze mer eeben eng EU-Direktiv un, déi zu Lëtzebuerg soll transposéiert ginn, a wéi scho genannt, ass dat eng fir Copyright an Droits voisins. Fir dës Transpositioun ëmzesetzen, hu mir de Mëtten direkt zwee Gesetzesprojeten och um Dësch leien. An deem éischte Projet geet et méi spezifesch ëm Radios- an Téléesprogrammer. Am Ufank sollt et u sech einfach en europäescht Reglement ginn, wat dee Moment och d'application directe gewiescht wier. Mee nodeems verschidde Länner och Diskussiounsbedarf gewisen hunn, hu se sech entscheet, dass mer eeben hei sollen eng Direktiv doraus maachen.

Hannergrond ass beim Radio a bei der Tële, wéi schonn ugedeit, déi Weiterentwécklung vun der ganzer Technik. Haut sinn ëmmer méi Leit eeben, déi de Radio iwwert den Internet lauschten. Mee d'Tële bleift u sech och net verschount. Dat heescht, déi meescht – also déi meescht, déi ech kennen – hu scho bal allegueren hir Programmer a Sendungen um Smartphone an och um Tablet. Mol net dovunner ze schwätzen, dass een och parallel ëmmer méi Alternativen zu der Tële ugebuede kritt, wéi Netflix, Disney Channel a wéi se och allegueren heeschen.

A wann den Internet am Audiovisuellen also ëmmer méi eng wichteg Roll spillt, ass et esou, dass déi verschidde Contenueen op ëmmer méi verschidden Aart a Weise gedeelt ginn, ëmmer méi zirkuléieren, ëmmer méi a verschiddene Formater an dee Moment och iwwert d'Grenzen eraus. An dofir ass et justement ganz wichteg haut, dass mer déi Reegelen, de richtege Kader setzen an deen och permanent upassen.

D'Zil vun der Reform ass et an deem Sënn, fir d'Zirkulatioun vun de Contenueen an der EU ze vereinfachen a gläichzäitig och eng fair Remuneration vun de Crea-teuren an aneren Titulairé vu Rechter ze garantéieren. Dat ass sënnavoll an néideg, mee wéi mir am nächste Projet de loi wäerte gesinn, gëtt et dobäi och eng Rei vun techneschen a prinzipielle Froen, déi nach oppe bleiwen. An deem éischte Projet geet et awer, wéi gesot, schonn emol ëm de Radio an d'Tële.

Lëtzebuerg geet just an engem Punkt iwwert d'Direktiv eraus. Dat ass bei de Reegelen fir déi sougenannt Injection directe, wéi mer dat scho virdrun erkläert kruten. An do ass et esou, dass mir eng gedeelt Responsabilitéit wëllen, engersäits fir d'Producteuren an anerersäits fir d'Distributeuren.

Dës Virgoensweis vun der direktivtreier Transpositioun mat enger klenger Adaptatioun ass fir Lëtzebuerg och dee richtege Wee, well mer engersäits e klengt Land sinn an anerersäits awer och e Mediastanduert. An et ass wichteg, dass mer eis mat eisen Nopere do op déi selwecht Linn stellen.

Wat d'Ëmsetzung ugeet, mengen ech, wäerte mer dat och am nächste Projet de loi méi am Detail gesinn. Dat alles gesot – a mat e puer méi Erklärungen, wéi gesot –, ginn ech natierlech och den Accord vun eiser Fraktioun a soen der Madamm Rapportrice e grouse Merci fir de schréfflechen an och fir de mëndleche Rapport. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Ahmedova. Ma wa keng weider Wuertmeldung méi do sinn ... Nee, den Här Fernand Kartheiser.

**Plusieurs voix** | Aa!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo. Ech wollt mer dat net huele loosser, Här President, fir och der Madamm Closener Merci ze soen. Mir hunn iwwer hiren exzellente Rapport gesinn, dass si alt nees genau op där selwechter Linn wéi d'ADR ass.

*(Hilarité)*

An dofir kënnen mer eisen Accord ginn. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Heiansdo hutt Der e ganz rengen Humor!

*(Hilarité)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, och wann de Kolleege Guy Arendt virdru gemengt huet, et wär schonn alles gesot ginn, muss ech e leider enttäuschen. An et ass net, well ech mech préparéiert hunn op den Dossier, dass ech d'Wuert ergräifen, mee well tatsächlech Inhalter derbäi sinn, déi awer e bësse méi e breeden Debat meritéieren.

*(Interruptions)*

Merci un d'Rapportrice Francine Closener. Ech mengen, dass ass hei scho gesot ginn: Et ass e ganz ausféierleche Rapport gewiescht fir en Text, deen op den éischte Bléck ganz einfach kléngt, op den éischte Bléck ganz positiv kléngt, mee beim méi genauen Hikucken dann awer déi eng oder aner Lacune huet. An do soll ee sech net derhannert verstoppen. Et soll een éierlech domadder ëmgoen an déi dann och thematiséieren.

Et soll jo u sech d'Ausmooss u Geoblocking reduzéiert ginn. An esou sollen dann déi administrativ Demarché fir d'Fernseeschainen, déi hire Programm am EU-Ausland wëllen accessibel maachen, dättelech méi einfach ginn. Sou wäit, sou gutt. Wann een dat liest, seet een: „Applaus! Super Direktiv! Do kann een einfach nëmme blann mat Jo stëmmen.“

Allerdéngs gëllt dat dann nëmme fir Noriichteprogrammer an déi Sendungen, déi se zu 100 % selwer produzéieren. An d'Iwwerdrounge vu Sportsmanifestatiounen, dat wat déi meescht Téléespectateuren dann awer interesséiert niewent dem Journal owes, déi sinn ausgeschloss. A grad do si mer jo awer ganz heefeg an der Diskussioun, wou d'Leit hautdesdaags net méi verstinn, firwat dës Biller an hirem Land net disponibel sinn. Ech mengen, dee Message huet jiddweree vun eis schonn eng Keier gesinn a jiddweree vun eis ass degoutéiert, wann e bei iergendengem Téléessender op emol gesäit, meeschtens am Live-stream online: „Dës Biller sinn an Ärem Land net disponibel.“ Grad ...



**Une voix** | Am Replay.

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... am Replay net. Soubal mer online ginn, kënnen se jo Geoblocking maachen. A genau do ass, mengen ech, de Problem!

Dat heiten ass also ganz kloer eng Minimesure: Mir schwätze vun den Noriichteprogrammer a mir schwätze vun 100 % selwer produziéiert.

Si geet eis also net wäit genuch. Dat, mengen ech, hunn ech elo kloer gesot. Mir verstinn nämlech net, firwat e Geoblocking an esou enger interkonnectierter Welt, an där mer liewen, a grad an enger EU, déi sech jo awer op de Fändel schreift, grenzelos ze sinn, nach ëmmer eng traureg Realitéit ass. An eisen Ae misst de Geoblocking scho laang e Relikt aus vergaangenen Zäite sinn! Et kann dach net sinn, datt an enger Wirtschaftsunioun Wueren, Persounen a Sue sech fräi beweegen dierfen an Donnéeën dierfen et net. Donnéeën, déi op engem fräien Netz zirkuléieren, dem Internet, dierfen haut net vun engem EU-Land an dat anert. Dat ass lächerlech! Dat sinn artifizuell Grenzen, déi gezu ginn, wou de Kabel net weess, datt d'Grenz iwwerschratt gëtt.

D'Piraten am EU-Parlament hate sech dofir och an enger éischter Instanz géint dës Direktiv ausgeschwat, well an den éischten Trilog-Gespräicher den Ëmfang vun der Direktiv reduzéiert sollt ginn. Ech hunn et scho gesot, mir schwätzen hei vun enger Minimesure. A si haten tatsächlech an den Trilog-Gespräicher nach de Culot, wellen déi Direktiv nach wellen ze reduzéieren.

Um Enn haten d'Piraten sech nämlech fir en Enn vum Geoblocking bei alle Filmer a Serien ausgeschwat, wou e Fernseesender mat dru geschafft huet. Net 100 %. Mee soubal et koproduzéiert gëtt vun engem Téléesender, muss et kënnen iwwerdroe ginn. D'Positioun vum Parlament war awer déi, datt et nëmme sollen d'Noriichtesendungen betreffen. Nodeems hei dann awer verschidde Garantien a Flexibilitäten an den Text matagebaut goufen, an notament, datt eebe verschidde Serien a Filmer, déi Eegeproduktiounen sinn, drënner falen, konnten d'Piraten sech schlussendlech dann awer mam Text ufrënnen.

An esou wéi eis europäesch Schwësterpartei wäerte mir dann och hei an der Chamber haut dës Projet guttheeschen, net ouni awer eebe wéi gesot drop hinweisen: Dat heiten ass eng Minimesure. Si wäert fir de Lëtzebuergesche Marché relativ wéineg Impakt hunn. Mir wäerten domadder leider net de Geoblocking stoppen. An ech mengen, datt dat eng Mesure wier, a mir hunn et hei schonn e puermol gesot an ech weess, datt de Minister datt och als Hausaufgab ëmmer erëm mat op Bréissel hält: de Geoblocking endlech ganz ze stoppen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Merci, Här President. Och merci dem Francine Closener fir säin exzellente Rapport, an deem et alles gesot huet. Och merci den Orateurs, déi sech nach dozou geäussert hunn.

Ech si ganz d'accord mam Sven Clement, dass déi Fro vum Geoblocking eppes ass, wat eis, insbesonnesch als ganz klengt Land, natierlech immens op d'Nerve geet a wat mer och ëmmer erëm soen an alle Beräicher, och am Beräich natierlech vun der Televisioun.

D'Restriction territoriale d'offre, dat ass deen anere Versant am Beräich vum Commerce, dee mer och net akzeptéieren an engem Bannemaart, dee soll richteg funktionéieren. Och do engagéiere mer eis ëmmer erëm derfir. An ech ginn d'Hoffnung net op, dass mer iergendwann eng Kéier och do Gehéier fannen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Wirtschaftsminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7846. Den Text steet am Document parlementaire 7846<sup>3</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7846 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentionen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7846 est adopté par 57 voix et 2 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par Mme Diane Adehm), MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Max Hengel) et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. André Bauler), MM. Pim Knaff (par M. Gusti Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mme Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Dan Biancalana), Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### **10. 7847 – Projet de loi portant modification :**

**1° de la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données ;**

**2° de la loi du 3 décembre 2015 relative à certaines utilisations autorisées des œuvres orphelines ;**

**3° de la loi du 25 avril 2018 relative à la gestion collective des droits d'auteur et des droits voisins et l'octroi de licences multiterritoriales de droits sur des œuvres musicales en vue de leur utilisation en ligne dans le marché intérieur, en vue de la transposition de la directive 2019/790**

### **du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 sur le droit d'auteur et les droits voisins dans le marché unique numérique et modifiant les directives 96/9/CE et 2001/29/CE**

Mir kommen elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 7847, deen de legale Kader vun den Droits d'auteur moderniséiert. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. A well d'Rapportrice dat virdrun esou gutt gemaach huet, kritt se irekt nach eng Kéier d'Wuert. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

#### **Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace**

**Mme Francine Closener** (LSAP), rapportrice | Villmools merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, och bei dësem zweete Projet vun haut geet et ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv, der Direktiv 2019/790, der sougenannter Copyright-Direktiv, déi Der sécherlech kennt. Iwwert déi ass jo méi wéi genuch an deene leschte Joren diskutéiert ginn.

An dësse Projet de loi bréngt dräi grouss Modifikatiounen mat sech: éischten, weider obligatoresch Ausname fir d'Droits d'auteur an d'Droits voisins, ënner anerem, wat d'Analyse scientifique oder d'Fouillé vun Texter an Donnéeën ugeet, vläicht méi bekannt nach ënnert den engleschen Terme vun „text and data mining“; zweetens, e méi larken Accès op geschützten Inhalter, déi net méi kommerziell accessibel sinn, déi also den Institutionen zeguttkommen, déi en charge vum Patrimoine culturel sinn; drëttens, eng Verbesserung vum Europäesche Bannemaart, andeems d'Positionen vu verschiddenen Titulaires de droit verstärkt ginn. Hei geet et zum Beispill ëm spezifesch Reegelen iwwert d'Benotze vun Oeuvren, déi online op de sougenannte „plateformes de partage“ zur Verfügung gestallt ginn.

Här President, d'Haaptzil vun där Direktiv ass am Fong ganz einfach: Et geet drëm, fir d'Reegelen iwwert d'Droits d'auteur ze moderniséieren an un déi rasant Entwécklung vun der Technologie an der Consommation vu geschützten Contenuen unzupassen, besonnesch wat eeben d'digital Plattformen ugeet.

De Champ d'application ass immens vast, well mir schwätzen hei vu sämtleche Wierker aus der Literatur, der Musek oder dem Film souwéi vun de Rechter vun den Artisten an den Interpreeten, déi eeben och an engem digitalen Ëmfeld musse geschützt ginn. Souwäit zum Kontext.

Och dës Direktiv hätt fir de 7. Juni 2021 eigentlech mussen ëmgesat sinn, soudatt den 23. Juli vum leschte Joer d'Europäesch Kommissioun eng Mise en demeure géint Lëtzebuerg, mee och nach géint 22 aner Staate lancéiert hat. Stand Januar haten awer weiderhin nëmme fënnf Länner dës Direktiv effektiv integral ëmgesat. Wat elo alles éischter harmlos geklongen huet, huet eebe sengerzäit nämlech fir ganz vill Opreegung gesuergt. Den Artikel 17, deen d'Responsabilitéit vun den „online content-sharing service providers“ reegelt, war bekanntlech ganz kontrovers diskutéiert ginn. An déi Diskussiounen si beileiwen och nach net um Enn.

Dozou muss een och soen, dass d'Europäesch Kommissioun sech verpflichtet hat, d'Lignes directrices auszeschaffen, fir d'Ëmsetzung vun dësem komplexen Artikel ze ënnerstëtzen. An déi Lignes directrices goufen awer eréischt de 4. Juni 2021 publizéiert, also grad emol dräi Deeg virum Delai vun der Transposition. An dat erkläert natierlech och zu engem ganz groussen Deel, firwat et zu Retarde komm ass an esou ville Memberstaaten an eeben och bei eis.

E Wuert zu deem Artikel 17: Den Term „upload filter“ – dee kennt Der – gëtt jo ganz dacks am Kontext vun

deem Artikel benotzt. Dat ass allerdéngs eigentlech eng Vereinfachung, déi dem Objectif vun deem Artikel an den technesche Méiglechkeeten net genuch Rechnung dréit. D'Zil vun deem Artikel ass et nämlech, d'Accordéiere vu Lizenze fir Plateformes de partage wéi zum Beispill YouTube oder Dailymotion an anerer ze encouragéieren. Et ass awer och eng Responsabilitéit fir déi Plattformen virgesinn, déi protegéierte Contenu publizéieren.

An et ass grad an deem Moment, wa Wierker éffentlech zougänglech gemaach ginn, wou et technesch Moyenen a Léisunge muss ginn, déi d'Liberté d'expression schützen an d'Notze vun Ausnamen, Limitatiounen vun den Droits d'auteur erlaben. Et soll an et därfer jo och net d'Zil sinn, den Accès zu sämtleche Contenuen, déi ganz legal ugebuede ginn, hei méi schwéier ze maachen!

D'Direktiv gesäit och en neien Droit voisin fir d'Éditeurs de presse vir, deen iwwert dëse Projet de loi ëmgesat gëtt. An am Allgemengen ass et wichteg ze ënnersträichen, datt déi zwou Dispositiounen, iwwert déi d'lescht Joer esou vill diskutéiert a geschriwwen ginn ass, datt déi Debatten déi vill aner Dispositiounen an Avancéeën an de Schiet stellen, déi an dësem Text verankert ginn. De Projet de loi schaaft nämlech eng méi grouss Rechtssécherheet fir d'Notze vu verschiddenen Ausnamen zu den Droits d'auteur an engem digitalen Ëmfeld. Do kann een d'Beispill vun där neier Ausnam zitieren, wat Textrecherchen an de wëssenschaftlechen Texter ugeet, den „text and data mining“.

En anert wichtegt Element ass d'Aféiere vu Reegelen, déi d'Positioun vu verschiddenen Titulaires de droit an hire kontraktuelle Relatiounen stäerken: zum Beispill d'Inklusioun vun enger allgemenger „general bestseller clause“. Dat heescht: Den Artist oder Auteur kann e Kontrakt kënnegen, wann d'Rechter duerfir net an engem rasonablen Delai exploitéiert ginn.

D'Suerg vun der Lëtzebuurger Regierung, Här President, war et, eng Fragmentatioun vum digitale Bannemaart ze verhënneren, grad fir eis Startuppen ze schützen, well esou eng Fragmentatioun grad fir si wéi och fir eis PMEen, eis kleng a mëttelgrouss Entreprises, zu Problemer gefouert hätt, zum Beispill a puncto Sécurité juridique.

Aus dëser Suerg eraus huet Lëtzebuerg zesumme mat Holland, Polen, Italien, Schweden a Finnland op europäeschem Plang géint dës Direktiv gestëmmt mam Argument, datt den Equiliber tëscht den Interessien vun den Titulaires de droit, de Bierger an de Betriber an Europa net genuch garantéiert wier. Nodeems dann och d'Belsch, Estland a Slowenien sech enthalten hunn, gouf d'Direktiv awer finalment gestëmmt, mat qualifizierter Majoritéit ugeholl an haut soll se da gréisstendeels litteralement och a Lëtzebuurger Recht ëmgesat ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Virfeld vun dësem Projet de loi kuum et net nëmme zu interministeriellen Echangingen, mee och de Public ass consultéiert ginn. Den Equiliber vun den Interëten hunn ech ugeschwat. An an dëser éffentlecher Consultatioun ass et eebe grad drëm gaange fir ze kucken, datt deen Equiliber respektéiert gëtt. Sou koumen eng 18 Contributiounen eran, notament aus dem Beräich vun der Kultur. An e Bilan synthétique vun dëse Contributiounen fannt Der och um Internetsite vun der Regierung.

Här President, wat d'Avisen ugeet, ass et esou, datt d'Chambre de Commerce am Oktober 2021 keng Commentairen zur Transpositioun ofginn huet, de Conseil d'État a sengem éischten Avis vum 12. Oktober 2021 keng Opposition formelle gemaach a just drun erënnert huet, datt d'Designatioun vun den „organismes de gestion collective suffisamment représentatifs“ net

per Règlement grand-ducal, mee per Arrêté grand-ducal soll gemaach ginn. Dat huet d'Kommissioun och esou gesinn an den entsprechenden Amendement gemaach, deen an engem zweeten Avis vum Staatsrot vum 1. Februar vun dësem Joer och ouni Observatioun akzeptéiert ginn ass.

Natierlech, Kolleeginnen a Kolleegen, koumen am Laf vun den Diskussiounen a Consultatiounen nach eemol Froen op a vill Remarken zum Artikel 15 oder 17, mee an deem Kontext wëll ech awer drun erënneren, datt d'Direktiv eis just wierklech eng ganz kleng Marge de manoeuvre gelooss huet an datt et wichteg ass, datt eis Transpositioun zu Lëtzebuerg konform ass mam EU-Recht.

Et ass awer ganz sécher e komplexen Exercice an eng ganz Rei vun Dispositiounen vun dëser Direktiv wäerten an deenen nächste Joren Interpretatiounsfroen opwerfen a bestëmmt wäert méi wéi eng och virum Europäesche Gerichtshaff landen. Ech wëll awer betounen, dass d'Diskussiounen an der Wirtschaftskommissioun iwwert dëse Projet de loi trotz dem schwierigen Historique vun dësem Dossier ganz poséiert waren an, wéi bal ëmmer, och ganz konstruktiv.

Domadder soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | An ech soen der Madamm Rapportrice Francine Closener villmools Merci.

An ech ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Laurent Mosar.

### Discussion générale

**M. Laurent Mosar (CSV)** | An ech fänken un, Här President, mat engem ganz grouse Merci un d'Présidentin-Rapportrice, déi, wéi ech eigentlech fannen, e ganz komplexen Dossier exzellent a kompetent hei erkläert huet, notament och deen e bësse méi ëmstriddene Punkt vum Artikel 17, soudatt et mir erspuent bleift, nach eng Kéier ze erklären, ëm wat et eigentlech do geet. Si huet Recht, wa se ënnersträicht, datt et eigentlech méi komplizéiert ass wéi ëmmer nëmme ze soen: Uploadfilter.

Ech wëll och direkt soen: Et ass eigentlech ganz erstaunlech, well wéi deemools déi Direktiv an Europa diskutéiert ginn ass, waren Zéngtausende vu jonke Leit op de Stroossen. Ech war ëmmer erëm erstaunt, datt eigentlech fir esou e Sujet méi Mënsche sech op d'Stroosse beweegen wéi fir aner Sujeten. Et muss een heiansdo och interpelléieren, well ganz vill – besonnesch jonk – Leit gemengt hunn, datt awer hiren Accès op déi Internetplattformen géif substanzial limitéiert ginn.

Doropshi waren och relativ monumental Diskussiounen am Europaparlament, op déi ech net wëll agoen. Ech wëll awer hei korrekterweis soen, datt eng Parteikollegin vun eise Kolleegen vun de Piraten do eng éischt Roll gespillt huet: d'Madamm Reda, déi sech wierklech do ganz, ganz vill an déi Thematik investéiert huet. Et ass dunn do zu enger Eenegung komm, iwwert déi ee wierklech ka gedeelter Meinung sinn. Doropshin ass déi Direktiv ugeholl ginn. A mir sinn dann elo derfir, datt mer déi sollen transposéieren. Mir wäerten natierlech deem Projet de loi eisen Accord ginn.

Ech betounen awer och, an ech hunn dat schonn an der Kommissioun deemools gesot gehat, datt ech mer eigentlech bei där Transpositioun vun deem Artikel 17 e bësselche méi Imaginatioun vun der Regierung erwaart hat. Ech weess, an d'Madamm Rapportrice huet dat eng Kéier ënnerstrach, datt d'Marge de manoeuvre relativ kleng ass. Ech wëll awer drop hiweisen, datt eis däitsch Frënn trotzdem do méi e couragéierten Text gemaach hunn an e bësse méi wäit gaange sinn, ewéi mir dat gemaach hunn. Ech weess natierlech och, datt

do dat Schwäert vun engem eventuelle Recours vun der Cour de justice iwwer eise Käpp hänkt – nach. Wéi gesot, ech hätt mer eigentlech do e bësse méi Courage vun der Regierung erwaart.

Dat ass awer elo net de Fall. Hei ass et quasiment ëm eng Transposition littérale vum Artikel 17 gaangen. Ech wollt awer dofir trotzdem vläicht e Wunsch äusseren, wat herno och d'Praxis betrëfft, nämlech – an ech hunn elo keng Motioun dofir agereecht, well ech och mengen, datt d'Regierung domadder kéint liewen –, datt een awer vläicht, Här Minister, no zwee Joer eng Kéier e Bilan zitt iwwert d'Ëmsetzung vun deem Gesetz an notament iwwert d'Ëmsetzung vum Artikel 17. A vläicht, wann een dann zur Konklusioun géif kommen, datt deen net perfekt ëmgesat gi wier – an entretemps wësse mer vläicht och schonn, wéi et mat de Recoursen op der Cour de justice gaangen ass –, da wier mäi Wunsch, deen da vläicht nach eng Kéier op de Leescht ze huelen, wa mer wierklech géife feststellen, datt en net komplett ëmgesat gi wier.

Dat wier op jidde Fall eise Wunsch, Här Minister. An ech géif dann trotzdem nach eng Kéier hei Merci soen an den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Mosar. An d'Wuert geet weider un den Här Guy Arendt.

**M. Guy Arendt (DP)** | Merci, Här President. Ech hat mer eppes virbereet, mee et ass scho viles gesot ginn. Dofir géif ech och der Rapportrice villmools Merci soe fir hire Rapport, souwuel schrëftlech wéi mëndlech.

Ech kann dem Laurent Mosar och nëmme zoustëmmen an deene Bemerkungen, déi e gemaach huet. Ech mengen, et ass hei scho relativ wichteg: vill Diskussiounen an den europäeschen Institutiounen, Leit, déi op d'Strooss ginn, Petitiounen, déi ënnerschrifft ginn, fir eeben dee berühmten Artikel 17 do ze bekämpfen.

Ech sinn och der Meinung, dass ganz bestëmmt Affären um Europäesche Gerichtshaff wäerte lande fir d'Interpretatioun. Mee wéi gesot: Eise Minister huet sécherlech à contrecœur deen Text hei plus/minus duerchgezunn. Mir hu keen anere Choix, et ass eng Direktiv. Et geet awer och drëm, dass mer d'Meenungsfräiheet um Internet net ze vill aschränken, dass mer dat Ganzt awer kënnen duerch déi Gestiouen vun deene Filteren a mat de Lignes directrices op eng satisfaisant Manéier geréieren.

Dat gesot, géif ech och den Accord vun der DP-Fraktioun ginn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Arendt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova.

**Mme Semiray Ahmedova (déi gréng)** | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen – fir eng zweete Kéier zu dësem Projet, zu dësem Sujet. Op de soziale Medie gesi mer all Dag vill Biller, vill Videoen, vill Artikelen, déi wierklech monter hin- an hiersgeschéckt ginn. Mol manner, mol méi gesäit een och de Contenu an d'Source dovunner. Niewent Informations- a Meinungsfreiheet si beim Deele vun de Contenuen awer och oft grouss finanziell Interessien hannendrun. Vun der onkontrolléierter Zirkulatioun vun den Inhalter profitéieren nämlech och ganz oft déi grouss Plattformen wéi Facebook, Twitter, Instagram – fir der just e puer ze nennen –, während d'Auteurs oft net oder ganz wéineng remuneréiert ginn. Heirënnern leide besonnesch déi Kulturschafend an d'Éditeurs aus dem Beräich vun der Press.



D'Onglächgewiicht tëschent der technescher Realitéit an dem rechtliche Kader war d'Grondiddi iwwerhaapt, fir dës EU-Direktiv am Copyright um europäesche Plang ëmzesetzen. Mee wéi et konkret drëms gaangen ass, fir den Text auszeschaffen, ass dee meeschte Konsens awer verflunn.

Ech wëll hei konkret op zwee Beispiller agoen, wou dat eeben de Fall war. Beim Artikel 15 – et ass och scho virdru gesot ginn – argumentéieren d'Verfechter, datt hei de sougenannte „value gap“ zwëschent de Verdéngschter vun de Createuren an de Plattformen reduzéiert gëtt an d>Createuren anscheinend adequat remuneréiert ginn. Par contre schwätzen d'Kritiker dogéint vun enger sougenannter „link tax“, déi d'Recht op fräi Meenungsäusserung géif onnéideg aschränken.

Den zweete ganz kontroversen Artikel ass den Artikel Nummer 17. Hei geet et ëm Moossnamen, déi d'Plattformen müssen ënnerhuele fir sécherzestellen, datt si keng geschützt Contenu illegal verbreeden. Dorënner falen déi sougenannt Uploadfilteren, déi awer eng Rei technesch a grondsätzlech Problemer mat sech bréngen.

Bei dësen Diskussiounen gouf et zum Deel ganz interessant a ganz ongewéinlech Koalitiounen. Sou waren zum Beispill Google, Facebook zesumme mat den Netzaktivisten géint dësen Text. An d'Kulturschafend an d'Press, déi sech oft kritesch zu Wuert mellen, wann et ëm Aschränkungen vun der Informatiouns- a Meenungsfreiheet geet, ware fir den Text. Also Dir gesitt, et war wierklech vill hin- an hierdiskutéiert ginn.

Och Lëtzebuerg huet sech zu engem gewëssenen Zäitpunkt um europäesche Plang géint dësen Text ausgeschwat. Nodeems den Text trotzdeem awer um europäeschen Niveau adoptéiert ginn ass, muss Lëtzebuerg en natierlech och ëmsetzen. Dofir nach e puer Wuert zur Transpositioun selwer.

Den éischte Punkt betrëfft d'Zäit. Wa mir d'Deadline vun der Transpositioun, wéi déi meescht aner Memberlänner, verpasst hunn, da war et u sech an enger éischter Phas fir ze gesinn, wou d'Rees hiféiert. Dat war och e sougenannte Wonsch vum Staatsrot, fir einfach ze kucken, wat d'Nopeschlänner maachen. Doniewent – an dat begrësse mir wierklech ausdrécklech – gouf sech bei dësem kontroversen Sujet, soen ech lo mol, och Zäit geholl, fir Consultation-publiken ze maachen a fir en interministerielle Grupp am Dialog ze hunn, wou natierlech och de Kulturministère intensiv matagebonne war. An deem Kader gouf zum Beispill och e Webinar organiséiert fir sécherzestellen, datt allegueren d'Acteuren um Courant sinn an och déi nei Direktiv verstinn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Déi zweet Remark betrëfft den Inhalt. Wéi déi allermescht EU-Staaten huet Lëtzebuerg sech fir eng direktivtrei Transpositioun entscheet. Mir hunn déi Approche favoriséiert, well mir als klengt Land an als Mediestandarder u sech en Interessi dorunner hunn, datt eis Reegelen am Bannemaart mat den Nopeschlänner harmoniséiert ginn. Souwisou, muss een och soen, war bei dëser Direktiv wéineg Spillraum, wat d'Memberlänner ugaangen ass.

Déi drëtt a lescht Remark betrëfft d'Fro vun der praktescher Ëmsetzung. Et ass nämlech esou, datt och no deene leschte Richtlinne vun der EU-Kommissioun nach eng Rei Froen opbleiwen. Dofir ass et elo kloer, datt den Europäesche Gerichtshaff am Endeffekt eng ganz Rei vu Froe wäert mussen a leschter Instanz tranchéieren. Amplaz elo Cavalier seul op dës kriddelege Punkten ze maachen, wier et méi sënnavoll fir ofzewarden, wéi den Text ausgesäit a wéi de

Gerichtshaff dat eeben tranchéiert, an dann eréischt dee Moment op europäeschem an op nationalem Niveau ze reagéieren.

Et sief op dëser Plaz och drun erënnert, datt schonn 2001 bei der vieregter Direktiv eng ganz Rei Horrorzenarie souzesoen un d'Mauer gemoolt goufen, déi awer ni agefuerde sinn.

Här President, domadder kommen ech zu menger Konklusioun: Wa mir als gréng Fraktioun dësen Text haut matdroen, dann huet dat zwee Grënn. Den éischten ass, datt mir eis freeën, datt hei eng Rei vu Verbesserungen konnten erreecht ginn, fir d'Aarbecht ënner anerem vun de Kulturschafenden, awer och vun der Press ze valoriséieren a méi eng gerecht Remuneratioun ze erméiglechen. Den zweete Grond ass ganz einfach deen, datt Lëtzebuerg sech muss a Konformitéit bréngen zu deenen europäeschen Texten, ganz einfach.

Och wann et nach oppe Froe bei der juristescher a praktescher Applikatioun gëtt, déi mir weiderhi wäerte ganz enk suivéieren, iwwerhuele mir haut awer eis Verantwortung a stëmmen dësem Text zou.

Dat alles gesot, soen ech der Rapportrice nach eng Kéier Merci fir de schrëftlechen an och fir de mëndleche Rapport. An ech hunn och schonn den Accord ginn. Voilà. Merci.

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Ahmedova. An da geet d'Wuert un den honorablen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, villmools merci. Ech wëll och der Madamm Closener Merci soe fir hire Rapport, an deem se awer e puer Punkten, mengen ech, ganz gutt duergestallt huet.

Deen éischten ass deen, wou se déi Geschicht erzielt huet, déi eis och markéiert huet, datt déi Lignes d'interprétation do vun der Kommissioun dräi Deeg virum Delai koumen. Ech mengen, dat seet wierklech vill iwwert d'Funktionsweis vun der Kommissioun. An Dir hutt jo och, Madamm Closener, mat Recht ënnerstrach, datt vill Staaten dat hei nach guer net ratifizéiert hunn.

Dat ass emol eng Consideratioun: Wéi fonctionéiert d'Europäesch Kommissioun an esou engem Dossier? Eng zweet – an dat ass eng ganz wichteg – ass, datt mer eis hei awer kloer am Beräich vun der Meenungs- an Informatiounsfreiheet beweegen. Den Artikel 15 an den Artikel 17 sinn hei als Beispiller benotzt ginn, an och dee Rappel historique, dee mer nach ganz gutt virun Aen hunn, vun deene groussen Demonstratiounen, déi deen Abléck waren.

An ech muss Iech soen, datt mir als ADR eng konstant Positioun hunn: Mir si géint all Form vun Zensur. Dat muss ee ganz kloer soen. Elo kann een interpretéieren: Wou fänkt d'Zensur un? Wou hält se op? Wat ass et wierklech? Wat ass et net? Mee mir si fir Informatiounsfreiheet an Dispositiounen, déi déi kéinten a Fro stellen, si fir eis net akzeptabel.

Eng drëtt Consideratioun, déi ech awer hei wëllt bréngen, ass eng politesch, iwwert d'Fonctionnement vun den europäeschen Institutiounen. A wéi Dir et richtig rappeliert hutt, huet Lëtzebuerg géint deen Text gestëmmt! An haut ass et awer déi selwecht Koalitioun, vun där mer elo Vertrieeder vun de Parteien hei hunn, an ee seet nom aneren: „Mir stëmmen dat elo.“ Jo, wou ass do d'Kohärenz? Wou ass d'Logik? Entweder et huet een eng Positioun an da seet een: „Mir stëmmen dergéint an den Institutiounen, also stëmme mer och hei an eise Parlament dergéint“, oder et mécht een, wéi d'Madamm Ahmedova et elo gesot huet: „Mir müssen eis a Konformitéit bréngen.“ Mir hunn e Problem domadder, als ADR.

*(Interruption)*

Mir hunn e Problem, ganz einfach, datt an europäeschen Institutiounen net op Konsensusbasis geschafft gëtt, well bei esou engem Text wéi deem hei hätt een dat ouni Weideres kënne maachen, wann ee laang genuch verhandelt hätt. Dat wär méiglech gewiescht. Nee, hei gëtt eng Décision par majorité qualifiée geholl. An da kënnt deen europäeschen Disziplinsreflex, da kënnt een nom aneren heihinner soen: „Zu Bréissel wore mer am Ufank dergéint, awer elo mussen mer.“ Nee, mir müssen net! Mir müssen net. Mir kënnen och an engem Europa higoen als Parlament a soen: „Mir sinn net d'accord.“ An et wär wierklech interessant, fir emol ze gesinn, wéi dann déi europäesch Demokratie, déi europäesch Institutiounen dorobber géife reagéieren. Ech hätt et gär gesinn!

Mee hei, an engem Dossier, wou et ëm Meenungs- an Informatiounsfreiheet geet, hu mir als ADR eng Linn! Mir verdeedegen déi! A mir stëmmen dergéint!

*(Brouhaha)*

A wann d'Kommissioun ... Jo, dat stéiert Iech elo, dat stéiert Iech, well Dir konfrontéiert sidd mat Äre Widerspreech! Dofir stéiert et Iech!

*(Brouhaha et interruptions)*

An ech soen Iech, ech géif gär gesinn ..., ech géif deen ... An ech soen Iech, wa mir an der Regierung wäeren, mir als ...

*(Hilarité générale)*

Laacht elo, mir kucken dat ...

*(Interruption)*

... no deenen nächsten ...

*(Interruptions)*

Ech soen Iech, wann eng ADR an enger Lëtzebuerger Regierung ass a mir huelen zu Bréissel eng Positioun, wou mir soen: „Nee, mir si géint deen Text“, da soll mol déi Europäesch Kommissioun heihinnerkommen an eis domadder konfrontéieren – ma mir stinn dee Match duerch, well mer fir Prinzipien astinn! Meenungs- an Informatiounsfreiheet ass fir eis e Prinzip, un dee mer net druginn, ob dat elo d'Kommissioun ass oder iergendeen aneren!

A mir stëmmen dësen Text haut net. Mir bleiwe bei eiser Positioun. An ech kann nämme feststellen, datt déi dräi Parteie vis-à-vis vu mir alleguer ëmgefall sinn! Dat ass eng traureg Saach. Merci.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lékn) | Här President, mat deem heite Projet de loi gëtt eng Direktiv ëmgesat, déi an de leschte Jore fir ganz vill Diskussiounen an och fir vill Protester gesuergt huet. An et war och berechtigt, datt esou vill dorüwer geschwat gouf, well dës Direktiv ass eng Zort Weichstellung fir d'Zukunft vum Internet.

Op där enger Säit gëtt et d'Visioun vun engem fräien Internet, vum onbegrenzten Zougang fir all sozial Schichten zur Kultur, zur Kreatioun, zum Wëssen an zum mënschleche Patrimoine. Et ass d'Versprieche vun engem Laboratoire fir Kreativitéit, fir Meenungsvillfalt a virun allem och fir sozial Transformationsprozesser.

Op där anerer Säit gëtt et d'Visioun vum Internet als kommerziell Plattform, déi no de Reegele vum Kapitalismus ze fonctionéieren huet, mat der gläicher ongerechter Verdeelung tëschent Aarbecht a Kapital,

genau esou wéi an der reeller Welt: en Internet, wou alles muss monetariséiert a kommerzialiséiert ginn, wat iergendeng Valeur huet a wou d'Profitter an d'Tasche vun deene fléissen, déi d'Hand drop hunn.

Et ass dës zweet Visioun, déi vum totalen Internetkapitalismus, déi sech mat dëser Direktiv leider duerchgesat huet. Et ass vill argumentéiert ginn, datt d'GAFA (ndlr: Acronyme de Google, Apple, Facebook et Amazon) sech mat copyrightgeschützten Inhalter beräichere wëllen, an ech wëll déi hei och sécher net verteidegen. Datt awer déi selwecht Plattformen mat aggressiver Steiervermeidung der Effentlechkeet Milliarden pro Joer klauen, fir d'Tasche vun hiren Aktionären ze fëllen, dat schéngt vill manner Politiker ze steieren, geneesou wéi déi ganz problematesch Oligopolstellung, déi hinnen um weltwäiten Niveau zougestane gëtt. Dat sinn awer déi eigentlech Problemer, wa mer iwwer GAFA schwätzen.

Et ass och vill argumentéiert ginn, datt déi kreativ Artisten an Auteure mussen geschützt ginn an uerdentlech remuneréiert ginn. Natierlech ass dat ganz wichteg an dofir ass jo och jiddwereen d'accord. Mee d'Rechter, virun allem vun deene lukrative Wierker, gi jo haut an den allermeeschte Fäll net vun de kreative Persounen gehalen, mee vu Produzenten a vu Sociéité bis hin zu Hedgefongen.

Den eigentleche Problem, nämlech déi ongläich Relatioun tëschent dem Auteur an deem, deen d'Rechter opkeeft a kommerzialiséiert, gëtt an dëser Direktiv awer nëmme marginal adresséiert. Et gi just e puer allgemeng Prinzippien opgestallt, déi awer net vill un der Situatioun änneren, leider. Do si mer awer genee beim Punkt, well wann en Auteur just 5 % oder 10 % vun der Remuneratioun kritt, dann ass iergendeen do, deen déi aner 90 % oder 95 % asäckelt.

Den aktuelle System mat den Droit-d'auteurs, deen iwwerengs scho ronn 250 Joer al ass, besteet grosso modo aus engem Artist, dee weening verdéngt, aus engem Utilisateur, deen de Contenu deier bezilt, an dertëscht enger Wull vun Intermediairen, déi d'ganz Plus-value asträichen. Amplaz dee verstëbste System vun den Droit-d'auteurs ze reforméieren am Interêt vun der Kreatioun, gëtt elo den Internet reforméiert, fir sech dorunner unzepassen.

De Fokus vun der Direktiv läit, dat ass ganz kloer, virun allem op der Relatioun tëschent de Copyrightbesëtzer an den Internetkonzerner, net um eenzelne kreativen Auteur. Et geet haaptsächlech ëm d'Veerdeelung vun der Rent tëschent grouse kapitalisteschen Acteuren. Fir de kreativen Aarbechter bleiwen haut just d'Grimmelen iwwer an et wäerten och muer just d'Grimmelen iwwerbleiwen, virun allem fir déi, déi net an der alleréischter Liga spillen. A fir dës Zil ze erreechen, gëtt dann och nach a Kaf geholl, datt et zu negativen Auswirkungen op d'Informationsfräiheet an de Meinungspluralismus kënn.

Här President, d'Regierung huet deemools zu Bréissel géint dës Direktiv gestëmmt, wann och net aus deenen nämmelechte Grënn, déi ech elo just genannt hunn. Mir als Lénk hatten déi Geleeënheet deemools net. An duerfir stëmme mir haut géint d'Ëmsetze vun der Direktiv, an zwar justement aus deene Grënn, déi ech elo all genannt hunn.

Merci fir d'Nolauschtenen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat heiten ass en Text, op deen ech mech gläichzäiteg gefreet hunn

an iwwert deen ech anerersäits net wierklech gäre schwätzen, well u sech ass um internationale Plang scho ganz vill dozou gesot ginn. An d'Transpositioun, wéi sou üblech zu Lëtzebuerg, ass eng Transpositioun: „la directive et rien que la directive“.

De Laurent Mosar huet et virdrun ugeschwat: D'Regierung huet sech zwar kritesch zur Direktiv gestallt, huet souguer dergéint gestëmmt am Conseil, an awer gëtt an der Transpositioun kee politesche Courage gewisen. Et gi keng nei Pisten opgezechent. A mir sollten u sech och net, wéi d'Madamm Ahmedova gesot huet, ofwaarden, fir Incertituden viru Geriicht opzeléisen, mee direkt anstänneg Gesetzer maachen.

Elo kann ee soen, de Législateur europäen hätt dat solle maachen, vun Ufank un. Certes! Dat huet en awer net gemaach, an da läit et hei un der Chamber. An da soe mir: „Ah jo, gudd, mee wann dee virun eis schlecht Aarbecht gemaach huet, bon, da gi mir eis och mat enger tout juste „genügend“ zefridden.“ Mee dat ass keng Aarbechtsattitud, déi ech deelen! Ech sinn der Meinung, mir sollte Gesetzer maachen, wou et keng Incertitude gëtt, wou kloer Terme benotzt ginn a wou net, Zitat: „quantité importante“, Zitat zou, Zitat op: „très courts extraits“, Zitat zou, oder, Zitat: „promptement“ drasteelt!

Mir brauche Gesetzer, déi applikabel sinn, déi och dee klengste Betrib versteet, wou mer Rechtssécherheet hunn, an déi gëtt mat där Transpositioun hei net geschafen. Dat ass sécherlech net aleng de Feeler vun der Lëtzebuerger Regierung. Et ass de Feeler vun der Trilogie, déi um europäesche Plang komplett derailéiert sinn, wou Lobbyisten Milliounen dragestach hunn, fir all Wuert nach iergendwou ze dréinen. A wien ass herno deen, deen am meeschten drénner leit? Ma dat sinn d'Konsumenten an dat si virun allem och déi, déi kreativ schaffen, déi herno ënner Uploadfiltere wäerte leiden. An ech wäert nach drop zrëckkommen, firwat dat och mat där heiter Transpositioun wäert de Fall sinn.

Schlussendlech leiden déi kleng Betriber drénner, déi sech keng Mass un deier bezuelten Affekote kënnen leeschten. An déi „big GAFAM“ – oder wéi och ëmmer mer se wëllen nennen – laache sech an d'Fauscht, well déi hunn hei eppes fäerdegbruecht, wat se sech net erdreeme konnten: nämlech d'Konkurrenz vu vieren auszeschalten. Well si kënnen sech déi deier Affekote leeschten, déi elo derfir suergen, datt si isoléiert si vun all Haftung, während déi kleng a mëttelstännesch Betriber, déi probéieren sech ze lancéieren, fir Google, Facebook, Amazon a Co de Kampf unzesoen, guer keng Chance hunn, fir iwwerhaupt emol aus de Startbléck erauszekommen.

Mir hunn hei en Text, deen en Dominoeffekt wäert hunn, deen net ze kontrolléieren ass. Mir wäerten definitiv e Problem kréien zwëschen de Rechten vun de Konsumenten. An ech waarde just drop, an ech hoffen, datt et séier geet, datt déi éischt Prozesser wäerte gefouert ginn. An déi wäerte virum EuGH landen an déi wäerten da mussen um Kierchbiereg tranchéiert ginn. Da wäerte mer relativ séier gesinn, datt höchstwahrscheinlech grouss Deeler vun dëser Direktiv och net mat de Grondrechten vun den europäesche Citoyene vereinbar sinn.

Mir hate weening Marge de manoeuvre bei der Transpositioun. Dat ginn ech gären zou. Mee de Rapprochement zur Belsch an zu Frankräich ass a mengem Aen eng Excuse, fir eege Choixen net mussen ze verdeedegen. Mir hätten eege Choixen kënnen huelen an deem heiten Text. Mir hu se net geholl. A mir hunn eis domat excuséiert, datt d'Belsch a Frankräich jo schonn Transpositiounen op de Wee bruecht hätten a mir eng gewëssen Ähnlechkeet zu dësen Texter wëllten

hunn, fir datt mer, wann et eng Kéier zu Lëtzebuerg zu Rechtsstrategiekeete géif kommen, deenen hir Interpretatiounen kéinten applizéieren.

Ok gudd, mir wëssen, datt et Rechtssécherheet gëtt a mir verstoppem eis dann derhannert, datt aner Länner déi nämmelech Rechtssécherheet hunn, a mir wëllten eis dann herno un deenen hir Urteiler alignéieren. Jo, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat kann ee maachen! Dat ass awer net propper geschafft! Nach eng Kéier: Mir sollten eis net hanner Rechtssécherheete verstoppem.

Ech hunn nach e bësse politesche Kritik, mee ech wëll awer och nach e puer positiv Aspekter opléischen. Éischens d'Transparenz, Artikel 19: D'Transparenz, datt d'Kënschtler an Zukunft genau wëssen, wien hir Wierker benotzt, wou se agesat ginn, ass e grouse Schrëtt no vir, engersäits fir hire Portefeuille kënnen ze maachen, anerersäits natierlech och, fir einfach emol ze gesinn, wéi verbreet se iwwerhaupt sinn.

Da gëtt d'Digitalisatioun vun „orphan works“, also Wierker, wou den Editeur oder den Auteur net méi ze retracéieren ass, wou keng Autorisatioun méi ka gi ginn, no vir gedriwwen. Dat ass eng super Exception. Dat kann ech mat zwou Hänn ënnerschräiwen. An d'Recht op Parodie a Karikatur gëtt tel quel an europäesche Gesetz geschriwwen. Topp!

Sou, komme mer zur Ëmsetzung, zu deene bekannten Artikelen 15 an 13/17, wéi ee se dann nennt. Den Artikel 15 ass eng „link tax“, dat kann een net schéischwätzen. Ech si frou, datt mer am Commentaire des articles hei zu Lëtzebuerg explizit drageschriwwen hunn, datt d'Metatags duerginn, fir eng Autorisatioun ze ginn. Dat ass elo ganz technesch, a mengem Aen awer e wichtegt Element. An ech soen dem Minister an der Kommissioun Merci, datt mer do konnten op eng Pist goen, fir konstruktiv eng Kloecheit an de Commentaire des articles ze schreiwen, déi derfir suert, datt zumindest d'Plattformen do net virun eng Rechtssécherheet oder zousätzlech Rechtssécherheete gestallt ginn.

De Problem ass generell: Europawäert wäert dat do net eenheetlech genuch geregelt ginn. Et limitéiert domadder de fräie Floss vun Informatiounen a bevirdeelegt an der Konsequenz Propaganda a Fakenews, well d'Qualitéitsmedie wäerten Autorisatiounen froen, déi wäerte wëlle remuneréiert ginn. An d'Propaganda- an d'Fakenews-Plattformen wäerte frou sinn, fir hir, Zitat: „News“ gratis zur Verfügung ze stellen. Domadder maache mer genau de Contraire vun deem, wat mer wëllen: Mir promovéieren u sech d'Verbreedung vu schlechten Informatiounen a mir wäerten d'Qualitéitsinformatiounen ëmmer manner op de sozialen Netzer gesinn. Ech mengen, datt dat e ganz geféierlechen Trend ass a mir mussen dogéint virgoen.

Dann den Artikel 17, oder Artikel 13, wéi e während de Maniffen nach geheescht huet: Dat sinn Uploadfilteren, in fine. An do ginn ech der Rapportrice, där ech Merci soe fir e ganz gudd Rapport, och wann ech net alles dovunner deelen, net Recht. Mir hunn hei Uploadfilteren, déi am Text stinn! Et gëtt technesch keen anere Wee, wéi déi Dispositiounen an deem Text ëmgesat kënnen ginn.

Mir hu weiderhi rechtlech Onsécherheeten, wou sech d'Fro stellt: Wéi ass et mat den Oeuvren? Den Term „Oeuvre“ ass warscheinlech vill méi weit wéi d'Manifestatioun vun enger Oeuvre – erëm ganz technesch – a wäert zu Onsécherheete féieren. An um Enn vum Dag wäerten d'Plattformen soen: „Am Zweifel späre mer an da kann den Utilisateur jo kloer kommen. Da kann den Utilisateur erëm eng Fräigab hunn.“

Ech si frou, datt mer bei der Fräigab drastoen hunn, datt et muss e Mënsch sinn, deen dat kontrolléiert,



datt net en Algorithmus ka soen: „Et gëtt net fräigeschalt.“ Mee de Problem ass, et steet néierens dran, datt fir ze blockéiere schonn e Mënsch muss eng Kéier gesot hunn, datt déi Oeuvre do protegéiert ass. Dat heescht, mir kommen an eng Situatioun, wou d'Plattformen op Zouruff Saache spären ...

*(Interruption par la présidence)*

... an um Enn vum Dag mussen da Mënsche soen: „A jo, merd!, mir hunn dat awer vläicht falsch gemaach.“ Also dat, fannen ech, geet net wäit genuch. Mir si bei Uploadfilteren. An ech hunn et gesot, dat do féiert dozou: Kleng Plattformen gi penaliséiert. Déi kënne sech keng deier Affekote leeschten. Déi grouss Plattformen wäerte profitéieren a mir hunn hei jo u sech e Kaddo fir d'GAFAME gemaach.

Domadder kann ech de Resümmee vun dësem Gesetz, oder besser gesot vun der Direktiv, déi eeben zugronn läit, soen: Et ass schlecht. Et ass a mengen Ae grondrechtswiddreg an et ass ganz schwach. An dofir wäerte mir ganz kloer, sou wéi eis europäesch Kollegen, hei mat engem Nee stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Merci, Här President. Merci der Rapportrice Francine Closener fir hire ganz gudden Rapport. Och merci den Deputéierten fir hir Contributiounen. Ech géif och gär profitéieren, fir hei der Kommissioun Merci ze soen an all deenen, déi sech an d'Diskussioun abruucht hunn. Et war effektiv eng gudd Aarbecht op engem komplizéierten Dossier, wou och aner Ministère sech mat involvéiert hunn.

Dir wësst, an dat ass gesot ginn am Debat, dass mer als Land géint dës Direktiv gestëmmt hunn, well mer effektiv haaptsächlech d'Suerg haten, dass dës Direktiv den digitale Bannemaart géif fragmentéieren an domat e komplizéiert Émfeld schafe fir eis PMEen a fir eis Startuppen, also am Géigesaz zum affichéierten Zil vun der Propositioun vun der Kommissioun, de Bannemaart an d'Sécurité juridique ze stäerken.

Elo ass et esou, dass mer d'Obligatioun hunn, dës Direktiv hei ëmzesetzen, soss si mer an enger Procédure en manquement, wou mer dann och condemnéiert ginn. Ech mengen dofir net, dass mer hei de Choix hunn, fir deen Text an der Chamber ze werfen. Ech mengen net, dass dat de Fall ass.

Verschidden Deputéierter, insbesonnesch de Sven Clement, sinn op d'Onzoulängleckeete vun deem Text hei agaangen. Et gëtt hei effektiv munches, wat ee ka bemängelen. Et ass ganz vill iwwert deen Uploadfilter do geschwat ginn. De Laurent Mosar huet och driwwer geschwat. En huet sech éischer fir déi däitsch Optioun ausgeschwat, déi hei en anere Wee gewielt hunn, wou een effektiv awer och vill Auteuren elo liest, juristesche Auteuren, déi sech froen, ob dat konform ass mat der Direktiv.

Ech mengen, mir sollen deen Text elo hei unhuelen an dann effektiv – firwat net? – e Bilan maachen no zwee Joer. Ech fannen dat eng gudd Iddi, fir dat ze maachen, fir ze kucken, wéi deen Text hei effektiv funktionéiert. An dann, wéi gesot, ass dat jo dann d'Occasioun, fir och erëm eng Kéier en oppenen Dialog ze féiere mat all de Partie-prenanteën, déi heimat ze dinn hunn an dann hei am Parlament driwwer ze schwätzen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7847. Den Text steet am Document parlementaire 7847<sup>5</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7847 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 51 Jo-Stëmmen bei 8 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Max Hengel), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Félix Eischen) et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gusty Graas), MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*S'est abstenue : Mme Viviane Reding.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

### **11. 7854 – Projet de loi portant approbation de la Convention internationale de Hong Kong pour le recyclage sûr et écologiquement rationnel des navires, faite à Hong Kong, le 15 mai 2009**

### **7855 – Projet de loi portant approbation de la Convention internationale de Nairobi sur l'enlèvement des épaves, faite à Nairobi, le 18 mai 2007**

Mir kommen elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, dem Projet de loi 7854, enger Konventioun mat Hongkong, an dem Projet de loi 7855, enger Konventioun mat Nairobi, déi mer zesumme behandelen. Déi gemeinsam Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech géif dann direkt d'Wuert ginn un den honorabelen Här Carlo Weber fir de Rapport, deen hien a Verriedung vun der honorabeller Madamm Lydia Mutsch mécht. Här Carlo Weber, Dir hutt d'Wuert.

### **Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace sur le projet de loi 7854**

**M. Carlo Weber** (LSAP), en remplacement de Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Ech iwwerhuelen och hei d'Ried vun der Madamm Lydia Mutsch, déi kuerzfristeg krank gouf.

Léif Kollegeinnen a Kollegen, mat deenen zwee Projet-de-loien 7854 a 7855 huelen ech Iech mat op déi grouss international Gewässer. Béd Projete behandelte jee weils eng Direktiv, déi sech ëm d'Schëffer këmmert, déi net méi zum Asaz kommen oder wäerte kommen a soumat entsuergt respektiv recycéléiert musse ginn.

Mee eent nom aneren! Mat dem Projet de loi 7854 gëtt déi international Konventioun vun Hongkong vum 15. Mee 2009 ratifizéiert. Heibäi geet et ëm de sécheren an ekologesch rationelle Recyclage vu Schëffer. Wat d'Demontéiere vun esou Schëffer ugeet, stelle sech eng ganz Rei Froen: Sécherheets-, Gesondheets-, awer och Ëmweltfroen. Wat geschitt beispillsweis mat de Schëffer, mam Material? Et dierf jo net einfach esou sinn, datt se do op der Plage stockéiert ginn a leie bleiwen an dohivegetéieren. Méi brennend ass awer nach d'Fro nom Inhalt vun den Navieren: Wat fir eng Matière, jo, wat fir oftmoos géfteg Stoffen sinn hei gelagert?

D'Sécherheet vun den Aarbechter, déi dës Schëffer ausereen huelen, gradesou wéi d'Protektioun vun der Ëmwelt koume bis dato, op d'mannst virun dëser Direktiv, ze kuerz. Déi entspreche Texter waren ze generell an net un d'Aktivitéit vum Demontage vun de Schëffer ugepasst. Eng gängeg Praxis war et, dass de Pavillon, ënnert deem d'Schëff gefuer ass, kuerz viru sengem Demontage erofgeholl ginn ass an ee sech sou der Aufgab respektiv der Responsabilitéit entzunn huet.

Déi Hongkonger Direktiv soll deem entgéintwierken a gouf duerfir ënner anerem mat de Memberstaate vun der OMI (ndlr: Organisation maritime internationale) an enger ganzer Rei Netregierungsorganisatiounen ausgeschafft, an Zesummenaarbecht mat der Organisation internationale du travail.

D'Reegele vun dëser Konventioun setzen dofir op dräi Piliere: éischters op d'Konzeptioun, d'Konstruktioun an d'Exploitatioun vun de Schëffer. Dës sollen esou ausgeschafft ginn, dass eeben un e sécheren an ekologeschen Ofbau geduecht gëtt. Zweetens: D'Exploitatioun vun de Recyclageinstallatiounen soll op eng sécher an ekologesch rationell Manéier geschéien. Drëtzens: En appropriéierte Recyclagemechanismus, dee Reegelen a puncto Zertifikatioun virgesäit, gëtt agefouert.

Här President, dës Konventioun trëtt eréischt a Kraaft, wa se vu mindestens 15 Länner, déi 40 % vum Tonnage brut vun der weltwäiter Schëffsflott a méi wéi 3 % vum Volume a Bruttotonnen u recycéléierte Schëffer an deene leschten zéng Joer ausmaachen, ratifizéiert gouf. Dir kënnt Iech sécher virstellen, dass dës duerch d'Randifikatioun vu Lëtzebuerg hei net allze vill änneren wäert, mee et ass wichteg, datt mer als Grand-Duché hei Responsabilitéit iwwerhuelen an och esou zu manner Pollutioun an de Weltmierer an zu enger Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen op den Demontagestationen bäidroen.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum 11. August 2021 bemierkt, dass d'Konventioun net wäert duerch eis Randifikatioun a Kraaft triede kënnen an d'Reegele par rapport zu deene Recyclageinstallatiounen net fir en État enclavé, wéi Lëtzebuerg een ass, ziele kënnen. Trotzdem huet si awer hiren Accord zum Projet ginn.

Dat selwecht mécht och de Staatsrot a sengem Avis vum 7. Dezember 2021: keng Observation zum Fong.

**Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace sur le projet de loi 7855**

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kéim dann zum zweeten Deel, zum Projet de loi 7855. Och hei gi mir, wéi gesot, bei déi grouss Schëfffaart op déi grouss Gewässer eraus.

Et handelt sech bei dësem Projet ëm d'Adoptioun vun der internationaler Konventioun iwwert den Enlèvement vu Schëffswracken, déi den 18. Mee 2007 zu Nairobi verfaasst ginn ass. An dëser ginn d'Reegele fixéiert, wat d'Ofdroe vu Schëffswracken ugeet, déi ausserhalb vun de Grenze vun de sougenannte „mers territoriales“ leien. Hei gëtt kloergemaach, dass d'Responsabilitéit beim Proprietär vun deem Schëffswrack läit, an dat fir sämtlech Froen, wat d'Fraise vun der Lokalisatioun, der Signalisatioun an eeben dem Ewechhuele vun dëse Schëffer ugeet.

Well Lëtzebuerg dës Konventioun bis dato awer net ugehall huet, mussen sech d'Schëffer ënner Lëtzebuerger Pavillon mat engem Gewicht vun iwwer 300 Bruttoregistertonnen bei anere Länner via Zertifikater assuréieren loosse. Domat gëtt mat dësem Projet Schluss gemaach an de Lëtzebuerger Staat kann déi ugeschwat Zertifikater fir d'Schëffer ënner sengem Pavillon selwer ausstellen.

Duerch d'Konventioun vun Nairobi gëtt e gewëssene Vide juridique duerch dräi Punkte gekläert. Éischten: D'Rechter vun den affektierte Länner fir den Enlèvement vun den Epaven an hiren ZEE (ndlr: Zone économique exclusive) ginn definéiert. Zweetens: E Responsabilitéitssystem gëtt en place gesat. Drëtten: Et kennt zu enger Obligatioun fir ageschriwwen Schëffsproprietären, fir eng Assurance oder änlech Garantien ze ënnerschreiwen, déi fir d'Käschten am Fall vun engem Wrack opkommen. Déi praktesch Modalitéiten ginn an engem zweete Projet de loi gekläert.

Här President, an hirem Avis vum 11. August 2021 huet d'Chambre de Commerce keng Remark formuléiert.

De Staatsrot gëtt a sengem Avis vum 7. Dezember 2021 ze bedenken, dass den ugeschwaten zweete Projet mat der Ratifikatioun vum Traité sollt behandelt ginn. En plus formuléiert de Staatsrot eng constitutionnel Observatioun a weist drop hin, dass konform zum Artikel 37 vun der Constitutioun eventuell Amendementer zum Artikel 14 vun der Konventioun vun der Regierung eng Approbatioun an der Chamber brauchen. Déi selwecht Remarken huet de Staatsrot och beim éischte Projet, den ech Iech virgestallt hunn, gemaach.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen Iech Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun, soudass mer schnell mat dësen zwee Projekte konnte virukommen, a ginn natierlech hei den Accord vun der LSAP. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. A mat deem Dialog Éislek a Minett, Dir gesitt, dat ass net ëmmer esou einfach. Ech soen Iech Merci.

(Hilarité)

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | An ech soen dem Här Rapporteur f.f. Carlo Weber villmools Merci.

An ech ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, déi honorabel Madamm Diane Aehm.

**Discussion générale**

**Mme Diane Aehm (CSV)** | Merci. Ech soen och dem Rapporteur f.f. e grouse Merci. Et ass net ëmmer esou evident, fir sech als Éisleker mat de Minetter derduercheschloen. Ech kann och heiansdo e Liddchen dovou sängen.

(Interruption)

Jo. Haut hu mer en éischter ongewéinleche Sujet um Ordre du jour, den awer vun enger grousser Wichtigkeet ass a wou mir als CSV der Meenung sinn, dass een dee Sujet vun haut net einfach esou duerchwenke sollt. Schliisslech si mir als Lëtzebuerg jo houerreg op eise Registre maritime mat 209 Schëffer, déi am Ganzen en Tonnage vun 1,22 Milliounen Tonnen duerstellen.

Wéi de Rapporteur et gesot huet, geet et haut eeben ëm d'ratifizéierung vun zwou Konventiounen, engersäits der Konventioun vun Hongkong aus dem Joer 2009 iwwert den Demontage an de Recyclage vu Schëffer a vun der Konventioun vun Nairobi aus dem Joer 2008 iwwert d'Ewechhuele vu Schëffswracken. Hei kann ee sech och d'Fro stellen, firwat et esou laang gedauert huet, bis mir dës Konventiounen hei zu Lëtzebuerg ratifizéieren.

Här President, mir erënneren eis mat Sécherheet nach alleguerten un déi grujeleg Biller vun der Exxon Valdez, aus där 41 Milliounen Liter Rohöl ausgelaf sinn, wéi se 1989 op Grond gelaf ass. A wa mir dovunner ausginn, dass 70 % vum Dreck am Mier um Mieresbuedem läit an nëmme ganz wéineg un der Waasseruewerfläch ass, da kuckt een dee Sujet mat ganz aneren Aen. An d'Mier sinn nu mol wichteg fir eise ganzen Ökosystem, well si absorbéieren CO<sub>2</sub> a produzéieren Sauerstoff. An net ze vergiessen hu mir an eise Mier – bis elo mol nach! – eng ganz villfälteg Flora an och ganz vill Déieren hunn hiert Doheem an eise Mier. An all dëst huet natierlech en immensen Impakt op eist Klima.

Här President, et ass eis an dësem Zesummenhang wichteg, op eng Resolutioun hinzuweisen, déi de 25. Mee 2021 (veuillez lire: de 25. März 2021) mat grousser Majoritéit vum Europaparlament ugehall gouf. Et geet hei ëm „Les effets des déchets marins sur la pêche“. Firwat ernimmen ech dës Resolutioun? Ma ganz einfach: Énnert de Mieresoffall sinn och Schëffswracken, déi deelweis um Mieresbuedem leien an deelweis nach erausstinn. An dës Schëffswracken hunn och nach oft geféierlech oder toxesch Substanzen a sech.

An dëser Resolutioun, déi ech ugeschwat hunn, verlaangt d'Europaparlament ënner anerem, dass de legislative Kader vun dem Mieresoffall weesentlech verbessert soll ginn. Meng Fro un d'Regierung ass an dësem Kontext, wat hir Positioun zu dëser Resolutioun ass.

Déi franséisch Assemblée nationale huet schon 2015 d'Konventioun vun Nairobi ratifizéiert. Dee-mools gouf festgestallt, dass am Joer 2006 aleng a franséische Gewässer 8.569 Schëffswracke louchen, dovunner 1.583 Schëffstanken, déi tëscht 2,5 an 20 Milliounen Liter Pétrol nach a sech hunn.

Och d'UNESCO huet sech mat Schëffswracken ausernee-gesat a schätzt, dass eng 3 Milliounen dovunner op eise Mieresbiedem leien, déi nëmme en historeschen oder kulturellen Wäert hunn.

E méi rezent Beispill vun engem Schëffswrack ass d'Costa Concordia, déi virun der Insel Giglio op Grond gelaf war a sech duerno ëmgeluecht huet. De Käschtepunkt, fir dëst Schëff erëm opzerrichten, ze stabiliséieren, et op Genua an den Hafen ze kréien an ze demontéieren, gëtt op 1,5 Milliarden Euro geschat.

D'Nairobi-Konventioun ass also guer net esou anodin, wéi et op den éischte Bléck schéngt. Si féilt e Vide juridique, andeems si Reegelen opstellt, déi derfir suergen, dass d'Schëffswracken esou séier wéi méiglech ewechgeholl ginn, wa se an internationale Gewässer sinn.

Leider englobéiert dës Konventioun awer net Krichschëffer respektiv staatlech bedriwwen Schëffer. Och wann een et novollzéie kann, dass dat aus nationale Souveränitéitsgrënn esou ass, soll ee sech awer domadder auserneeetzen, well et leie ganz vill Schëffswracken aus dem Zweete Weltkrich am Nordatlantik respektiv am Mëttelmier um Buedem.

Här President, d'Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe huet am Joer 2012 eng Resolutioun ugehall, déi virgesäit, fir en europäesche Fong opzestellen fir Schëffswracken, wann de Besëtzer vum Wrack net bekannt ass oder keng Sue méi huet. D'Käschte betreffend Recherchen an Aarbechten u Wracke solle vun dësem Fong iwwerholl ginn. An dësem Zesummenhang wéilt ech de Minister froen, wéi d'Regierung zu esou engem Fong steet.

Et geet awer haut net nëmme ëm d'Schëffswracken, mee et geet och ëm d'Auserneehuelen an de Recyclage vu Schëffer. An hei ass Lëtzebuerg mat sengem Registre maritime och gefuerdert. Mir mussen sécherstellen, dass Schëffer, déi haut ënner Lëtzebuerger Fändel fueren, net e puer Joer, ier se solle verschrott ginn, nach séier an engem anere Land ugemellt ginn, dat net d'Konventioun vun Hongkong ënnerschriwwen huet. Och wann d'Baseler Konventioun et verbitt, fir sougenannt „géfteg Schëffer“ ze exportéieren – d'EU ass nämlech als Ganz dem Baseler Ofkommen bäigetrueden –, wësse mir awer heibannen alleguerten, dass, wann et ëm de Profit geet, Pabeier gedéleg ass.

D'Commission luxembourgeoise justice et paix huet dëser Deeg an dësem Zesummenhang e ganz interessante Communiqué gemaach an ech wier gespaant, och dem Minister seng Meenung dozou ze héieren.

Ofschléissend soen ech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vu menger Fraktioun zu deenen zwee Projekten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Aehm. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Beissel (DP)** | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, merci fir d'éischt dem Carlo Weber fir säi flotte mëndleche Rapport, a mat sengem charmanten Éisleker Accent. Dat huet eis alleguerte Spaass gemaach.

(Brouhaha)

Mir hunn hei zwou Konventiounen, vun Hongkong 2009 an déi aner Nairobi 2007, déi en fait sollen „de l'ordre dans la boutique“ maachen an engem ganze Koup Problemer, déi jorelaang geschleeft hunn, déi Soucie maachen an, wéi gesot, wou et ganz vill Onsécherheete gëtt.

Et gëtt héich Zäit! Här President, et gëtt wierklech héich Zäit, dass déi Konventiounen approvüiert ginn an eise Länner. Mir sinn nach wäit ewech vun der Ratifikatioun, mee op d'mannst iwwerhuele mer dann elo mol eis national Responsabilitéit, fir dass déi Approbatioun ka geschéien.

Et geet bei där Konventioun vun dem Auserneehuele vun de Wracke ëm d'Sécherheet vun den Aarbechter. Ganz oft gesi mer Zeenen op de Plagen, wou et engem schlecht gëtt, wou se ouni Maske geféierlech Substanzen ... Déi ganz Schëffsrumpfen, déi klasesch Schëffsrumpfen hunn alleguerten Asbest, déi hunn alleguerte Substanzen an och geféierlech Faarmaterial. Wann dat bei bestëmmte Grad ënnert der Sonn läit, da fänt dat direkt un, erauszestralen an direkt d'Gesondheet vun all de Leit ze beanträchtegen.



Mir hunn d'Arroganz an eise westleche Länner – well mir hunn u sech alleguerten déi Problematik vun der Entsuerung vun de Schëffswracke ganz vill an d'asiatesch Länner ginn, well do aner Aarbechtskonditioun sinn, vill manner streng wéi hei, well d'Leit vill manner deier kaschten! An dat arrangéiert ganz vill Armateure ronderëm dee ganze Globus, fir eeben deen dote Wee ze goen. Et ass also wichtig, dass mer dat do maachen.

Zu där anerer Konventioun vun Nairobi: Et ass ganz geféierlech, wann an de Zone-côtières, Zones économiques exclusives an dann um héije Mier an der Zone internationale Schëffswracken dorëmmer hänken, hallef iwwert dem Mieresspiegel, hallef ënnert dem Mieresspiegel. Dat ass eng Gefor fir aner Schëffer, fir d'Mënschen a fir d'Ëmwelt. Wann Der nuets seegelt oder och op engem Schëff fuert, dat ënner 300 Bruttoregistertonnen huet, an Dir hutt net en terribel performante Radar an Dir kritt eng Kollisioun mat esou engem Wrack, da gitt Der normalerweis an enger riseger Katastroph ënner. D'Armateuren, d'Propriétaires hu sech bis dato ëmmer gezunn, well dat ass net interessant. Dat kascht extreem deier. Et si keng Assurancë gelaf. An dofir hunn e ganze Koup Armateuren, Propriétaires déi Wracken dorëmmer hänke gelooss.

An elo muss et domat duergoen! Well, wéi gesot, och déi Wracken, en dehors vun de Kollisiounen ..., well, wéi gesot, ech war heiansdo nuets um Mier an – Dir laacht elo – et waren d'Wracken an et waren déi schlopfend Walfesch: Wann do engem risege Blowal säi Schwanz Iech an d'Schëff gekraacht kënn, dat ass nach bal schlëmmer wéi e Wrack. Soit! Mee Wracken, do kann ee weinstens eppes maachen. Da musse mer dat hei probéieren!

Wéi gesot, elo gëtt wierklech Uerdnung gemaach! Et kommen obligatoresch Assurancen. Ech hunn e bëssen e Problem domat, dass d'Assurancen elo sollen nëmmen agefouert gi fir Schëffer iwwer 300 Bruttoregistertonnen. Et kommen offiziell Zertifikater. Déi mussen awer gemaach ginn, soubal d'Schëffer gelauncht ginn, well soss sinn awer ëmmer e Koup Leit ... An d'Diane Adehm, wéi gesot, huet dat scho gutt ugekënnegt, momentan ass et en internationale Sport, wann d'Schëffer al ginn, fir do ze probéieren am leschte Moment ... da ginn d'Pavillonë changéiert oder et ginn aner Trucke gemaach, fir dass nëmmen d'Armateuren net kënnen an d'Responsabilitéit geholl ginn. Dat mussen probéieren!

D'Sécherheet vum Mënsch, d'Gesondheet vum Mënsch an d'Ëmwelt ..., well gleefft mer es – wann Der wierklech e bëssen Iech derfir interesséiert, wéi déi Schëffer gebaut sinn –, bei en alleguerten, ëmmer wann do e Wrack ass an Dir hutt d'Salzwaasser, Dir hutt d'Hëtzt, dann hutt Der den Asbest, iwwerall! Och wann et verbueden ass, et ass nach ëmmer dat beschit Bindungsmëttel an de Schëffsrumpfen, an da sinn déi geféierlech Liquiden, Dir hutt och Lithium an de Schëffer, déi lafen och an d'Mier, an dann ass et jo kee Wonner, dass d'Biodiversitéit vum Mier ëmmer méi a Gefor ass.

Et ass gutt, dass mir als Lëtzebuerg, déi de Pavillon maritime hunn, déi dobaussen eng ganz seriö Reputatioun hu mam Pavillon maritime, och hei eis Responsabilitéit iwwerhuelen. E klengt Land, mir hunn de Pavillon maritime, mir hu Responsabilitéit. Mir setzen mat dem Accord, deen ech hei och vu menger Fraktioun elo wäert ginn – mee ech hoffen, déi ganz Chamber ass hannendrun –, e staarken Akzent, fir eebe just ze soen: „Et soll besser ginn!“, eebe just am Interesse vun all deem, wat ech Iech gesot hunn. An dofir ass et ganz wichtig, dass dat doten esou gemaach gëtt.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler (DP)** | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Mardamm Beissel. An da wier et um honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue (déi gréng)** | Merci, Här Präsident. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass Modell 1 ugesot, also ech brauch net bei fënnf Minutten elo ze stoppen.

(Hilarité)

Wéi gesot virdrun, d'EU-Propos fir eng Direktiv vun der Liwwerkettegesetzgebung läit um Dësch. Den Usaz ass gutt op folgende Punkten – et ass e Lien mat deenen Dossierien hei –: Dass et iwwerhaupt emol obligatoresch Reegele gëtt an net just op fräiwëlleger Basis ass, dat ass deen éischte Punkt, dee wichtig fir eis ass. Et fale relativ vill Entrepreneuren ënnert d'Direktiv, méi wéi zum Beispill beim däitsche Gesetz, dat ugeschwat ginn ass. D'Mënscherechter an d'Ëmweltpakter si generell couvréiert, an net just déi schlëmmt Verstéiss! Et ass eng zivilrechtlech Haftung virgesinn, wann den Devoir de vigilance net erfëllt gëtt, an déi ass also aklobar.

Mee d'Propos vun der EU-Kommissioun, déi elo am Februar presentéiert gouf, léisst wichtig Héichrisikosektore wéi Schëfffaart, Transport a Logistik eraus. Do muss op EU-Niveau nogebessert ginn, mengen ech. Et ass ugeklonge virdrun, dass dat soll gemaach ginn.

(Interruption)

Oder dass mer d'Hoffnung hunn, dass et gemaach gëtt.

Déi zwee Gesetzesprojeten, déi mer haut stëmmen, belichten ech elo e wéineg ënnert deem Bléckwénkel, nämlech deem vun der Due Diligence, wou et ëm de Respekt – ech widderhuele mech, an net oft genuch – vu Mënscherechter, vum Aarbechtsrecht, ëm Kanneraarbecht an Ëmweltschutz geet.

**Mme Stéphanie Empain (déi gréng)** | Très bien!

**M. Charles Margue (déi gréng)** | Mir ratifizéieren dës zwou Konventiounen haut. Mir si keng „early adopter“, mee mir maachen et ëmmerhin haut. De Minister Franz Fayot huet dee grouse Meritt, déi zwee Texter, zënter dass en do ass, am Juli 2021 deposéiert ze hunn. Némeng Méint drop stëmme mer se. Ech mengen, dat ass ok, wat de legislative Prozess ugeet.

Mir hu kee Mier ...

(Interruption)

... an och nëmme limitéiert Banneschëfffaart, mee mir hunn, wéi meng Virriedner et gesot hunn, e Schëfffaartsregëstër, also hu mer Verantwortung: d'Verantwortung, derfir ze suergen, dass op deene Schëffer, déi ënner eise Pavillon fieren, alles an der Rei ass, an och fir déi Leit, déi drop sinn. A mir hunn awer och d'Verantwortung an d'Méiglechkeet, bei den internationale Verhandlungen an déi Richtung ze drécken, fir dass héich Standarder festgeluecht ginn.

Mat der Ratifikatioun vum haut huele mer en Deel vun eiser Verantwortung an deem Sënn an droen zum Ratifikationsprozess bäi, fir dass d'Konventiounen a Kraaft triede kënnen; well et ass ëmmer eng Klausel drop, wa se bis ënnerschriwwen ass, musse sou vill Länner ënnerschreiwen, bis se a Kraaft trëtt.

Dem Lydia Mutsch respektiv dem Carlo Weber soen ech Merci fir den ausféierleche Rapport, dee mer haut héieren hunn. An ech ginn och elo schonns den Accord vun der grénger Fraktioun. Da wäert ech dat net vergiessen.

Zur Konventioun vun Nairobi iwwert d'Schëffswracken: 2007 ënnerschriwwen, zënter 2015 a Kraaft, vill vu menge Virriedner, d'Simone Beissel och elo, sinn am Detail dorop agaangen. Et deit munches drop hin,

dass dës Konventioun nützlich an effikass ass, noutwendeg souwisou. An et ass besonnesch wichtig, dass duerch dës Konventioun d'Liewensraum am Mier geschützt gi géint d'Verschmutzung mat Schëffsueleg an anere geféige Substanzen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue (déi gréng)** | Bei dëser Konventioun kënn am Fong en einfache Prinzip zum Asaz, eng obligatoresch Assurance, déi fir all Schëff muss nogewise ginn. Dat erënnert mech e wéineg drun, wann ech op Sandweiler fieren: Wann ech mat mengem Auto en Zertifikat wëll kréien, dass alles an der Rei ass, muss ech déi och virweisen. Et ass gutt, dass mer dat maachen.

Zur Konventioun vun Hongkong iwwert de Recyclage vun de Schëffswracken: 2009 ënnerschriwwen, nach ëmmer net a Kraaft. De Rapportier huet eis jo erklärt, ëm wat et an der Konventioun geet.

(Interruption)

Ech ëmschreiwen et esou: Et geet ëm e Skandal, dat heescht, et geet drëm, engem Skandal en Enn ze setzen. An e puer Stéchwierder e puer Informatiounen zum Recyclage vu Schëffer, fir dass mer eng Gréisstenueerdnung hunn: E Schëff huet eng Liewensdauer vun 20 bis 25 Joer am Duerchschnitt. Eis weltwäit Handelschëffsflott läit bei ongeféier 90.000 Schëffer. All Joer ginn ëm déi 700 gréisser Schëffer ausgerangéiert. 2013 waren et der, hunn ech eng Zuel nogesicht, souguer 1.200. 90 % vum Recyclage vu Schëffer fannen am Bangladesch, an Indien, am Pakistan, a China oder an der Tierkei statt – wäit ewech vun hei.

An engem Bericht vun dräi ONGen, der Fédération internationale vun de Mënscherechtsligaen, der NGO Shipbreaking Platform an YPSA, Young Power in Social Action, vun 2008, wou de Bilan gemaach ginn ass vun der Situatioun am Bangladesch, hunn ech Follgendes kënne liesen fir d'Joren 2006, 2007 an 2008:

Deemools waren et 60 % ongeféier vun all de Schëffer, déi am Bangladesch recycéléiert gi sinn, 30.000 Aarbechter waren direkt mat der Demolitioun vun deene Schëffer betraff an tëscht 100.000 an 200.000 Leit indirekt. De Recyclage vun deene Schëffer, an dat ass interessant ze wëssen, bedeit 30 % vum Bangladesch senger Besoinen, vu senger Stolindustrie. Dat heescht, do déi Stolindustrie funktionéiert mat deem Schrott, dat ass also liewenswichtig. A 25 % vun deenen, déi do beschäftegt waren – ech hat elo bal gesot „vun deenen Aarbechter“ –, si Kanner! Vun deenen x Leit, déi do gestuerwe sinn an deene leschte Joren a blesséiert gi sinn, konnt d'ONG dokumentéieren, dass 18 Leit gestuerwe sinn 2006 an 2007 an 10 2008.

D'Diane Adehm ass schonn op de Communiqué vu Justice et paix agaangen, deen d'lescht Woch erauskoum a wou aktuell Zuelen ernimmt ginn, net also déi vun 2008, déi ech bis elo zitéiert hunn. „2021 kamen mindestens 14 Arbeiter beim Abwracken von Schiffen am Strand von Chattogram, Bangladesch, ums Leben und weitere 34 wurden schwer verletzt. Lokale Quellen berichten außerdem von zwei Todesfällen in Alang, Indien, und zwei Todesfällen in Gadani, Pakistan. Nach Recherchen der ONG Shipbreaking Platform wurden auch die folgenden“, Här Minister, „in Luxemburg registrierten Schiffe in diesen ‚Schiffsschlachthöfen‘ abgewrackt:“ Heli an Indien 2017, California an Indien 2019 a Cateaux 2020 am Hafe vu Chittagong am Bangladesch. A weider liesen ech méi wäit ënnen am Communiqué: „Allerdings hat dieses Hongkong-Übergewinn bislang nicht verhindert, dass der globale Süden zur weltweiten Müllkippe für gefährliche Abfälle wird.“

Mir sinn also hei an engem Sektor ënnerwee, wou katastrophen Zoustänn bestinn, doriwwer, mengen ech, si mer eis eens: Kanneraarbecht, Aarbecht, déi krank mécht, Aarbecht ouni Sécherheetsmoossnamen a krass Ermweltverschmutzung. Et geet op d'Käschte vun der Gesondheet vun den Aarbechter, et ass kribbs-erreegend an aner gëfteg Stoffer maachen d'Leit krank. A wéi d'Simone Beissel och kloer drop higewisen huet, ginn dës Stoffer och an de Buedem an d'Küstengewässer ginn doduerch verseucht, versaut, an all méiglecht Liewe kënn do op en Enn. Wat och en Element ass, wat nach net gesot ginn ass, fir déi lokal Communautéiten vun de Leit, déi do vun der Fëscherei liewen: dass dat och op d'Käschte vun deenen hirem Existenz- a Liewensraum geet. An och d'Landwirtschaft ass impaktéiert.

De Rapporteur Carlo Weber huet d'Konditiounen vun der Hongkong-Konvention beschriwwen, wéini se a Kraaft trëtt. Dräi Konditiounen: 15 Staate mussen ratifizéiert hunn, 40 % mussen ofgedeckt si vum Bruttotonnage vun der Welthandelsflott an 3 % vum Tonnage brut combiné, wat de Recyclage ugeet.

Am Juli 2020 hate 15 Staate ratifizéiert. Interessant ass awer ze wëssen, dass dobäi Panama war, Malta an Holland, dräi vun den am stäerkste verbreete Schëffspavillone vun der Handelsflott op der Welt. Dës Staate stellen awer nach ëmmer keng 30 % (veuil-lez lire: awer knapps emol 30 %) vum Bruttowelttonnage duer an de Recyclingvolume geet och net duer. 2019 hunn, fir Iech eng Informatioun ze ginn, 3 % vu 40 % vum Welttonnage ongeféier eppes méi wéi 16 Milliounen duergestallt. Et geet hei also ëm riseg Konditiounen, Tonnagen.

Här Minister, hei stellt d'Fro sech, ob et dann iwwerhaupt nach néideg ass, ob et Sënn mécht, dës Konvention ze ratifizéieren virun deem Hannergrond. „Wat erwaarde mer eis vun dëser Ratifikatioun?“, erlaben ech mer ze froen. Wat erwaarde mer eis, ausser Solidaritéit ze weisen an deem Ratifikationsprozess? Well mat eisen 200 Schëffer geet den Undeel um Bruttotonnage jo nëmme marginal erop.

Mir Gréng stëmmen kloer dës Ratifizéierung mat an hëllef doduerch, weider Drock opzebauen. Mee wat ech soe wëll, ass, dass mer mat deem Instrument de Problem warscheinlech net aus der Welt wäerte kréien. Et geet drëms, wéi gesot, deem Skandal an Enn ze setzen. Et ass och scho gesot ginn: Am Prinzip däerfen dem EU-Recht no d'Schëffer mat geféierlechen Decheten net an Net-OECD-Länner exportéiert ginn. A Schëffer, déi ënner EU-Pavillon fueren, wa se an der EU sinn, wa se fir ze verschrotte verkaaft ginn, mussen och no den EU-Offallvorschriften entsuergt ginn. Awer ongeféier een Drëttel vun den ofgewrackte Schëffer a Südasien hu Reedereien aus der EU gehéiert. Wéisou? Déi Reegel gëtt nämlech, et ass ugeklonge virdrun hei bei menge Virriedner, déi Reegel gëtt oft ëmgaangen. Mam Resultat, dass geféierlech Offall op Plazen – ënner Gänseféischer – „recycléiert“ ginn, wou d'Aarbechts-, d'Gesondheets- an d'Ëmweltstandarden niddreg oder inexistent sinn!

Wann nämlech d'Schëffer um Enn vun hirer Liewensdauer sinn a wann déi Schëffer dann um héije Mier sinn, also net méi a Gewässer vun der EU, da gi se oft u spezialiséiert Tëschenhändler, u Schrotthändler verkaaft. An do ka méi wéi een Tëschenhändler am Spill sinn, soudass et schwéier nozevollzéien ass, wien dann dee leschte Proprietär war oder wien dann – ënner Gänseféischer – „de Schëlle“ respektiv „de Verantwortleche“ war, dee seng Flichten, sengen Entsorgungspflichten net nokoum. Wéi gesot, déi Schrotthändler wieselen dann de Pavillon oder den Immatrulationsregëster hin zu Regëstern, déi vill méi schlémm si wéi d'Panama-Pavillonen, wou et vill manner oder keng Oploë gëtt, wat de Recyclage ugeet.

Här Minister, erlaabt mer no dësen Ausféierungen e puer Froen zum Schluss. Wann Dir elo net onbedéngt iwwerall eng Äntwert hutt, dat kann ech verstoen, da kéint Dir déi vläicht schrëftlech oder an enger nächster Kommissiounssitzung noreechen. Wéisou stellen ech Iech déi Froen? Ech sinn op déi Fro gestouss, wéi ech meng Ried vun haut virbereet hunn.

D'Fro zum Communiqué: Stëmmt et, dass bei den dräi Schëffer, déi hei zu Lëtzebuerg registréiert waren an du verkaaft goufen op der leschter Rees, virdrun de Regëster gewieselt gouf, ech weess net wéivillmol, nodeems et un e Schrotthändler verkaaft gouf, deen de Wiessel vum Pavillon gemaach huet? Ech hunn et scho gesot, a sech ass de fréieren, den ursprüngeleche Proprietär verantwortlech, respektiv op d'mannst emol moralesch verantwortlech, fir d'Verschrottung. An oft gëtt dann awer vun deem gesot, wann en et verkaaft huet, hie wéisst jo awer net, wat dermat géif gemaach ginn, an e stellt sech dann domm oder e weist sech am gudde Glawen, dass e just eng Transaktioun gemaach huet.

Zweet Fro: Si mer eis sécher, dass beim FDC, beim Fonds de compensation – sorry, et ass eng Dauermillen –, net och Participatiounen an esou Gesellschaften vu Schrotthändler si respektiv a Gesellschaften, déi de Verfaaf vun hire Schëffer u Schrotthändler praktizéieren, fir laanscht eng korrekt Entsorgung ze kommen? Wéi kommen ech dorobber? Den Norweger hire Fonds souverain huet sech nämlech zréckgezunn aus véier Schëffscompagnie wéinst hire Praktiken, wéi se hir Schëffer a Südasien entsuergen.

Drëtt Fro: Ass et denkbar, dass esou Praktiken ënnerbonne ginn an Zukunft, wat d'Schëffer betrëfft, déi ënner Lëtzebuerger Pavillon fueren, an anere Wierder, dass d'Konditiounen fir d'Immatrulationsstaxe vu Schëffer an eise Regëster kloer Reegele kréien, fir dass dat net méi méiglech ass?

An eng véiert Fro oder eng Bemierkung: An eise Koalitionsaccord hu mer ofgemaach, dass mer beim Schëffaartsregëster d'Immatrulationsstaxe géifen op de Leescht huelen, fir de Begrëff vum „green shipping“ anzeféieren.

(Interruption)

Wou si mer do dru mat den Aarbechten, engersäits? An anersäits: Wéi ass de Begrëff vum „green shipping“ an deem Zesammenhang definéiert?

An deem Kontext weisen ech och drop hin, dass am Green Deal festgehal gouf, dass d'EU hir eegen Offall soll geréieren. Den Aden Bauler hat a senger Interventioun drop higewisen, dass d'EU hir eegen Offall geréiert an eng Kreeslafwirtschaft encouragéiert doduerch, dass e Maart vu sekundäre Materialien opgebaut gëtt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauscheren.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Margue.

(Interruptions)

An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. Ech wéilt fir d'éischt och an eise Numm der Madamm Mutsch eng gutt Besserung wënschen an dem Här Weber gratuléiere fir e gudde Rapport. Et merkt een, dass Dir aus enger Gemeng kommt, Här Weber, déi scho vill méi no beim Mier ass. An dat huet Iech eng gewësse Sécherheet ginn, fir eis dat do ze presentéieren.

Ech wollt och soen, well elo de Fong vun deenen zwou Konventionen, mengen ech, hei wierklech scho ganz extensiv beschriwwen ginn ass, wéll ech dorobber elo net agoen, mee vläicht just ganz kuerz e puer Kommentare maachen.

Deen éischte Kommentar betrëfft d'Kanneraarbecht. A mir si ganz frou, dass mer eis Verantwortung huelen, fir hei e Bäitrag ze leeschten. Et ass mat Recht gesot ginn, dass dat vläicht elo, well verschidde Konventionen nach net a Kraaft sinn, nach net ganz effikass ass, awer et ass wichteg, dass mer weinstens dee Schrëtt maachen. A mir sollten en och an anere Länner maachen. Dat kënn mir ëmmer nëmme betounen.

Dat Zweet ass deen Aspekt, an den Här Margue ass och dorobber aangaangen, dass mer ganz vill Decheten nach ëmmer, mengen ech, och an asiatesch, an anere Länner exportéieren. Dat sollt net sinn. A mir hunn déi Saache mam Plastik a mat anere Saachen a mir mussen einfach dat am Bléck halen. Ech mengen, eng Ëmweltpolitik, déi muss och deen doten Aspekt ëmmer aktiv berücksichtigen. A wa mer mierken, dass mer Saachen einfach, aus Käschtegrënn oder aus anere Grënn, fir Virschreften ze ëmgoen, exportéieren, dann, mengen ech, mussen mer déi néideg Moossnamen huelen.

Eng drëtt Bemierkung, dass ass déi vun de Konventionen allgemeng am Ëmweltberäich oder am Aarbechtsberäich. Dat ass, dass et vläicht nach aner Konventionen gëtt – dat hei ass elo aus dem Beräich vum Pavillon maritime, mir haten den Diskussiounen bei der Organisation internationale du travail a bei aneren –, dass et einfach vläicht Konventionen gëtt, déi Lëtzebuerg kéint ënnerschreiwen a ratifizéieren oder ratifizéieren, wann ee schon ënnerschriwwen huet, wou et awer net gemaach gëtt.

An do hu mer en duebelen Opdrag. Deen éischten ass fir ze kucken, wat mer net ënnerschriwwen hunn, an allkéiers ze evaluéieren: Sinn déi Ursaachen, firwat mer dat net maachen, pertinent? Sinn déi nach aktuell? A wa mer eppes ënnerschriwwen hunn, ass déi selwecht Evaluatioun bei de Ratifikatiounen ze maachen.

Mir soen net, dass mer alles mussen ënnerschreiwen oder alles mussen ratifizéieren. Mir mussen no eisen Interesse kucken, no der allgemenger Rechtslag, dem Ëmfeld, och deem europäeschen Ëmfeld. Awer mir däerfen net an eng Situatioun kommen, wou mer duerch eng gewëssen Negligence de Schutz vun den Aarbechter oder de Schutz vun der Ëmwelt net géife prioritär behandelen. An dat ass schon en Opdrag fir d'Regierung. An et ass een op jidde Fall, wou mir se géife voll derbäi ënnerstëtzen.

Dat gesot, stëmmen mir eeben als ADR och mat Freed dës zwou Konventionen. A mir ginn all deene Virriedner Recht, déi op eis Verantwortung an deem Beräich higewisen hunn, an ënnerstëtzen dat. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. Da wier et un där honorabelen Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, et gouf scho ganz vill hei vu menge Virriedner a Virriednerinnen gesot, duerfir halen ech mech och ganz kuerz.

Ech ginn och an op d'Commission luxembourgeoise justice et paix, déi jo eng Pressekonferenz zu genau deem dote Projet de loi gemaach huet, wou si ganz kloer seet, dass dat Gesetz eigentlech scho laang iwwerhol ass duerch d'Baseler Übereinkommen. Zitat aus där Pressekonferenz: „Das Baseler Übereinkommen hat die Verpflichtung der Vertragsparteien, die



Ausfuhr gefährlicher Abfälle in Nicht-OECD-Länder einzustellen, erneut bekräftigt. Angesichts dieser Tatsache ist die Verabschiedung des Hongkong-Übereinkommens in der Abgeordnetenkommission eigentlich schon überholt.“

D'EU huet 2013 e Règlement ugeholl, 1257/2013, dat all déi Dispositiounen vun der Konvention vun Hongkong direkt an europäesch Recht iwwerhëlt a souguer nach doriwwer erausgeet. Dëse Communiqué spillt dorobber un, dass d'Konvention soll am Sënn vum europäesche Règlement nach weider verschäerft ginn.

Dat kann ee fuerderen, et ass awer leider net immens realistesch. Et gëtt jo e Grond, firwat dat Hongkong-Ofkommen nach net ratifizéiert ass: Déi wichteg Länner wéi Indien, Pakistan a Bangladesch wëllen dat eeben net. Elo d'Konvention nach eng Kéier ze verschäerfen, da wäerte se scho guer net ratifizéieren, obschonn dat jo eigentlech e responsabel Handelsgéif bedeuten an et och esou misst sinn.

En aner Zitat, op dat ech nach wëll agoen, aus der Pressekonferenz: „Wenn Luxemburg weiterhin eine exemplarische Rolle als Akteur auf den Weltmeeren spielen möchte, dann muss auch ein Fokus auf Menschenrechte und Nachhaltigkeit gelegt werden. Ein möglichst ganzheitliches Green-Shipping-Konzept, ein Einsatz zur Verbesserung des Hongkong-Übereinkommens in Einklang mit dem EU-Konzept und ein Gesetz auf der Grundlage der UN-Leitprinzipien für Wirtschaft und Menschenrechte wären Schritte in die richtige Richtung beim Lichten der Anker.“

An deem Sënn wëllt ech dann och profitéieren, fir mol nozefroen, genausou wéi den Här Margue dat gemaach huet, wou d'Regierung dann elo drun ass mam Green Shipping. Well am Koalitionsprogramm steet follgendes: „La législation maritime sera modernisée, notamment dans le cadre de la mise en œuvre de la Convention du travail maritime, et complétée afin de maintenir un registre maritime compétitif et de qualité respectant les standards internationaux en matière sociale et de sécurité environnementale et technique. Les taxes d'immatriculation seront revues pour introduire le concept du „green shipping.““ Hei kéint een och elo nach op d'maritimt Aarbechtsrecht an d'Liewerketten agoen. Mee do huet déi honorabel Madamm Oberweis jo schon am Kader vun der Heure d'actualité d'riwwer geschwat an dowéinst eriwweegt sech dat elo op dëser Plaz.

An eis Fraktioun wäert och dësen zwee Projet-de-loien zoustëmmen. Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

*(Interruptions et hilarité)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass näischt Neits, dass mir Piraten fir méi streng Regulatiounen sinn, fir déi Schëffer, déi mat Lëtzebuerger Fändel ...

*(Hilarité)*

Net fir déi, déi mat Piratefändel fueren, ...

**Une voix** | A!

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... mee fir déi, déi mat Lëtzebuerger Fändel fueren.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Déi meescht leie schon op 10.000 Meter Déift.

*(Interruption)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An déi aner zwee kommen no.

*(Hilarité générale)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Clement huet d'Wuert.

*(Interruption)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech weess, et ass net méi ganz fréi haut den Owend.

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

Ech weess och, dass dat mat „Pirateschëffer“ a „Weltmierer“ sech natierlech hei absolutt offréiert fir allgemeng Heiterkeet, kann ee soen. An et ass och näischt Neies, dass ech ganz gären zu deenen Theemen schwätzen. A mäi Kolleeg Marc Goergen hat schon am Kader vum Debat iwwert den Nationale Klimaan Energieplang an enger Motioun gefuerdert, dass Lëtzebuerg progressiv aus dem Bëllegflagge-Business erausklamme sollt a just nach Banneschëfffaart um europäesche Kontinent sollt maachen.

Trotzdem ënnerstëtzt mir Piraten dës zwee Projeten, well se d'Proprietäre vun de Schëffer méi staark an d'Responsabilitéit huelen. 93 % vun de Schëffer ënner europäeschem Fändel goufen 2015 nach an Drëttstaaten auserneegeholl an, kommt, mir soe mol: „recycelt“, woubäi een dat u sech net no europäeschem Standard als Recycling kéint bezeichnen. Dat Wäertvollst gouf erausgerappt an de Rescht gouf verrotte gelooss op iergendwuelleche Plagen, wat u sech ganz Ökosystemer a Gefor bruecht huet.

Mir si bei de Schëffer u sech dee selwechte Wee gaange wéi bei eise Dreck! Mir hunn en an aner Länner gefouert an déi hunn do missen déi Tonnen an Tonne verschafft kréien. Ech erënnere mech nach un déi Biller, wéi eng Kéier e südasiatesche Staat e Container Plastik zréck an d'USA geschéckt hat, fir eng Kéier e Statement ze maachen: „Mir sinn net d'Poubelle vun der entwéckelter Welt!“ An ech mengen, genau dat hu mer bei de Schëffer joerzengtelaang gemaach. Mir hunn u sech iergendwéi probéiert, se nach dohinner ze schleefen, Schëffer, déi deelweis guer net méi kapabel waren ze fueren, sinn nach iergendwéi dohinner geschleeft ginn, sinn deelweis och ënnerwee ofgesoff. Dofir ass et och gutt, dass mer hei direkt déi zwou Konventionen an engem Coup traitéieren. Mir hunn onnéideg CO<sub>2</sub>-Emissiounen produzéiert, d'Verschmutzung vun der Natur um Wee dohinner a Kaf geholl an an den Drëttlänner, wou „recycléiert“ – ënner Anführungszeichen ...

*(Signal sonore d'un portable et interruption)*

Also dofir si mir Piraten frou, dass d'EU op de Wee gaangen ass, fir de Recycling besser ze kontrolléieren, dass et och wierklech Recycling ass, dass elo mat der Hongkong-Konvention – net ze vergiessen, déi ass dann och elo schon nees 13 Joer jonk – weider Länner nozéien. Well net nëmme schützen mer domat d'Ëmwelt, mee mir schafen och Aarbechtsplazen an Europa. Ufank 2020 gouf et scho 26 Werften an der EU, déi eng Lizenz haten, fir Schëffer ze zerleeën. Hei huet Lëtzebuerg d'Responsabilitéit fir sécherzestellen, dass déi ronn 200 Schëffer, déi mat eise Pavillon fueren, och spéider dann anstänneg zerluecht ginn.

Eisen Accord fënnt awer och d'Nairobi-Konvention – déi nach eng Kéier e bësse méi al ass, déi huet dann dëst Joer scho 15 Joer gefeiert – zur Biergung vun de Wracken. Dës Konvention féllt jo e juristescht Lach, wat d'internationalt Mierrecht ugeet. Bon, d'historesch Pirate waren net onbedéngt ëmmer Fans vum Mierrecht, mee dat hënnert awer déi aktuell Piraten net drun, fir et gutt ze fannen, wa mer hei juristescht Viden opfellen.

Si zwéngt nämlech elo d'Proprietäre vun de Schëffer an d'Werften, fir déi néideg Versécherungen

ofzeschlësse fir dann an engem Fall vun engem versonkene Schëff – an dat ass meeschtens hautdesdaags net méi aus dem Grond, well e Pirat drop geschoss huet, mee einfach well d'Maintenance schlecht war – oder, an dat ass och wichteg, am Fall vu versonkener Wuer! Well allze heefeg héiere mer, grad am Pazifik, dass am Indeschen Ozean ganz Containeren iwwer Bord ginn an dass déi méintelaang do am Mier dreuwe gelooss ginn, éier se progressiv da versénken, wou heefeg guer net kloer ass, wat dran ass. A bis da kloer ass, wat dran ass, si se sou wäit fort, dass kee méi se retracéiert kritt, kee se méi erausfëscht. An den Ëmweltschued ass gemaach!

Deementspriedend muss mat der Nairobi-Konvention dat endlech gebuerge ginn an et dierf zu kenger weiderer Waasserverschmutzung kommen.

Et ass eng ganz interessant Konvention, déi eis als Lëtzebuerger Staat elo net direkt betrëfft an deem Sënn, dass mir jo keng Zone économique exclusive hunn. An awer! Mir hunn, wéi ech scho sot, ronn 200 Schëffer ënner eise Pavillon maritime fueren. An och déi mussen an Zukunft hir Responsabilitäten huelen a gläichzäiteg dann och déi néideg Demarchen ënnerehuelen. Och bei dësem Projet steet also de Schutz vun eise Planéit, vun eise Mierer am Vierdergrond.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir Piraten ënnerstëtzen, wéi gesot, dës Upassung vum gesetzleche Kader, fir dass Abusen an Zukunft verhënnert kënnen ginn, mir als Staat Responsabilitéit huelen a fir dass eis Schëffer, ob grouss oder kleng, an Zukunft net méi an anere Länner oder um Buedem vun de Weltmierer ofgeluede ginn, mee propper recycléiert ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Merci, Här President. Och merci dem Karel Weber fir säi gudde Rapport. Merci och all den Deputéierte fir hir Interventionen, de Piraten an och deenen aneren Experts en droit maritime. Ech sinn impressionéiert vun där Sachkundegkeet an deem Dossier hei. Ech mengen, also ech kann Iech och net op all Froen äntweren, och dem Charles Margue seng. Ech proposéieren, dass ech Iech dat dann norechen. Ech hu just op e puer Froen, déi d'Diane Adehm gestallt huet, awer trotzdem eng Äntwert.

Wat dee Fong do ugeet, mir participéieren do natierlech finanziell an deem Fong. Dat ass proportionell zu der Gréisst vun der Flott. Dat ass also bei eis elo net immens vill.

Wat dann de Problem vum Ofwracken ugeet, also ech deelen natierlech wierklech déi Constaten, dass dat net geet an och dass dat en fait wierklech eng ekologesch Katastroph ass an eng Violatioun vu Mënscherechter mat sech bréngt op ville Plazen, wou dat gemaach gëtt. Ech mengen, dass ass och de Grond, firwat mer eebe justement déi Konventionen hei ratifizéieren: well mer gären e Pavillon hätten, deen do wierklech och en règle ass par rapport zu esou Praktiken.

An de Fakten ass et awer esou, dass sech bei eise Pavillon dee Problem net esou stellt wéi bei anere Pavillonen, well mer u sech e relativ jonke Regëster hunn, wou d'Schëffer an der Moyenne net méi al si wéi 13 Joer. Dat heescht, dass ass bei eis am Fong eppes, wat e bësse manner problematesch ass vun deem Point de vue aus. Nawell, mengen ech, muss ee sech effektiv



iwwert déi Fro do penchéieren: Wat ass mat deenen, gëtt et bei eis och Problemer? Dir hutt do Communiqué genant, vu Venté vun dräi Schëffer, wou de Regëster virdru gewieselt gi wär. Ech muss dat nokuken. Ech kann Iech dat elo net séance tenante soen. Mee ech géif proposéieren, dass mer dat checken an Iech dann d'Äntwert nokomme loosse.

Ech soen Iech op alle Fall Merci fir d'Zoustëmmung zu dësen zwee Projeten.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7854. Den Text steet am Document parlementaire 7854<sup>3</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7854 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi 7854 ass mat 60 Jo-Stëmme eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Max Hengel), Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gusty*

*Graas), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7855. Den Text steet am Document parlementaire 7855<sup>3</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7855 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An och de Projet de loi 7855 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmme ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max*

*Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Max Hengel), Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. André Bauler), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Dan Biancalana), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Francine Closener), Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung fir haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um zwou Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 19.06 heures.)

## 46<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

### Sommaire

- 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 41**  
M. Fernand Etgen, Président
- 2. Déclaration gouvernementale relative aux résultats des discussions avec les partenaires sociaux dans le cadre des travaux du Comité de coordination tripartite, suivie d'un débat ..... p. 41**  
Déclaration : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État  
Débat : M. Gilles Roth (interventions de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État) | M. Gilles Baum (dépôt de la motion 1) | M. Yves Cruchten (interventions de M. le Premier Ministre Xavier Bettel) | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti (interventions de M. Mars Di Bartolomeo) | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État  
Motion 1 : M. Gilles Roth
- 3. Dépôt d'une résolution par M. Gilles Roth ..... p. 52**  
M. Gilles Roth

- 4. Déclaration gouvernementale relative aux résultats des discussions avec les partenaires sociaux dans le cadre des travaux du Comité de coordination tripartite, suivie d'un débat (suite) ..... p. 52**  
Motion 1 (suite) : M. Gilles Baum | M. le Premier Ministre Xavier Bettel | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement  
Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)
- 5. Dépôt de deux motions par M. Fernand Kartheiser ..... p. 53**  
Exposé : M. Fernand Kartheiser
- 6. Question élargie n° 132 de Mme Francine Closener au sujet du rapport sur l'éducation au Luxembourg 2021 ..... p. 53**  
Mme Francine Closener | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
- 7. Question élargie n° 133 de M. Fred Keup au sujet de l'évolution du système scolaire ..... p. 55**  
M. Fred Keup (intervention de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse) | M. le Ministre Claude Meisch
- 8. Interpellation de Mme Francine Closener au sujet des écoles internationales au Luxembourg ..... p. 56**



Exposé : Mme Francine Closener (dépôt de la motion 1)

Débat : Mme Martine Hansen (interventions de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et M. André Bauler) | M. Claude Lamberty | Mme Josée Lorsché | M. Fred Keup (dépôt de la motion 2) | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (interventions de Mme Diane Adehm)

Motion 1 : M. Sven Clement | Mme Martine Hansen | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | Mme Francine Closener

Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)

Motion 2 : M. Claude Lamberty | Mme Martine Hansen | Mme Myriam Cecchetti | M. Fred Keup

Vote sur la motion 2 (rejetée)

#### 9. 7983 – Projet de loi portant modification :

1<sup>o</sup> de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ;

2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées ;

3<sup>o</sup> de la loi modifiée du 29 octobre 2020 portant 1<sup>o</sup> dérogation à l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ; 2<sup>o</sup> modification de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ; 3<sup>o</sup> modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées ;

4<sup>o</sup> de la loi du 17 décembre 2021 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 ..... p. 72

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum

Discussion générale : Mme Martine Hansen | Mme Francine Closener | Mme Djuna Bernard (intervention de Mme Martine Hansen) | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

#### 10. Dépôt de deux motions par M. Jeff Engelen ..... p. 75

Exposé : M. Jeff Engelen (intervention de M. Fernand Kartheiser)

#### 11. 7884 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2016 instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement ..... p. 76

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire : Mme Semiray Ahmedova

Discussion générale : M. Paul Galles | M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | Mme Jessie Thill | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti (intervention de M. Fernand Kartheiser) | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie (intervention de M. Gilles Baum)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

#### 12. 7905 – Projet de loi relative à l'octroi de la garantie de l'État aux lignes de crédit contractées par le Fonds de garantie des dépôts Luxembourg, et portant modification de la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement ..... p. 80

Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler

Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. Yves Cruchten | M. François Benoy | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

#### 13. 7944 – Projet de loi portant approbation de la « Convention between the Grand Duchy of Luxembourg and the Federal Democratic Republic of Ethiopia for the elimination of double taxation with respect to taxes on income and on capital and the prevention of tax evasion and avoidance », et du Protocole y relatif, faits à Luxembourg, le 29 juin 2021 ..... p. 81

Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. Guy Arendt

Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. Yves Cruchten | M. François Benoy | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

#### 14. 7273 – Projet de loi relative aux contrôles officiels des produits agricoles et portant abrogation de : 1<sup>o</sup> la loi modifiée du 24 juillet 1909 sur le régime des vins et boissons similaires ; 2<sup>o</sup> la loi du 8 juin 1984 fixant le cadre général pour l'établissement des règles concernant la commercialisation du bétail de boucherie ..... p. 83

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural : Mme Tess Burton

Discussion générale : Mme Martine Hansen | M. Gusti Graas | M. François Benoy | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

#### 15. Résolution de M. Gilles Roth concernant l'institution d'une commission spéciale « Tripartite » ..... p. 84

Vote sur la résolution (adoptée)

#### 16. Institution de la Commission spéciale « Tripartite » ..... p. 85

Vote

M. Fernand Etgen, Président

#### 17. Motion de M. Jeff Engelen concernant l'intervention humanitaire en Ukraine ..... p. 85

Discussion générale : Mme Stéphanie Empain | M. Claude Wiseler | Mme Nathalie Oberweis | M. Fernand Kartheiser

Vote sur la motion (adoptée)

#### 18. Motion de M. Jeff Engelen concernant l'autorisation de la pratique de radiodiagnostic au Centre médical Potaschberg ..... p. 85

Discussion générale : M. Mars Di Bartolomeo | M. Claude Wiseler | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement | M. Fernand Kartheiser (intervention de M. le Ministre Claude Haagen) | M. Claude Wiseler | M. Mars Di Bartolomeo (intervention de M. Claude Wiseler)

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale

Vote sur la motion (rejetée)

#### 19. Institution de la Commission spéciale « Tripartite » (suite) ..... p. 87

Vote secret

M. Fernand Etgen, Président

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert et M. François Bausch, Vice-Premiers Ministres ; M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, M. Marc Hansen, M. Claude Turmes, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferding, M. Lex Delles, M. Henri Kox, M. Franz Fayot, M. Claude Haagen et Mme Yuriko Backes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech maachen d'Sitzung op.

## 2. Déclaration gouvernementale relative aux résultats des discussions avec les partenaires sociaux dans le cadre des travaux du Comité de coordination tripartite, suivie d'un débat

Mir héieren haut de Mëtten eng Deklaratioun vun der Regierung iwwert d'Resultat vun den Tripartiteverhandlungen mat de Sozialpartner. Uschleissend féiert d'Chamber eng Debatt, bei där all Fraktioun an all Sensibilitéit 15 Minuten zegutt huet. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

### Déclaration

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État** | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Solidaritéit ass e Wuert, dat fir ons all déi lescht zwee Joer u Bedeutung gewonnen huet.

An der Pandemie hu mir all zesammen bewisen, wéi solidaresch mir mat onse Matmënsche kënnen sinn, solidaresch mat deene Vulnerabelsten, fir déi mir laang Zäit op Fräiheet verzicht hunn, fir hir Gesondheet och ze schützen. Nodeems mir all nach ëmmer un den zwee Joer mam Virus ze knaen hunn, iwwerrullt déi nächst d'Kris d'Welt an och Lëtzebuerg.

De Krich an der Ukrain ass eng schrecklech mënschlech Tragedie. An erëm beweise mir als Grand-Duché, mir als Awunner vun dësem Land, wat Solidaritéit fir eis bedeit a wéi solidaresch mer och sinn. Mir weise Solidaritéit mat dem ukrainesche Vollek, dat all Dag bombardéiert gëtt, ëm seng Fräiheet kämpft. Mir weise Solidaritéit, andeems mir Dausende Flüchtlinge mat oppenen Äerm empfangen. Mir weise Solidaritéit duerch rigouréist Ëmsätze vun internationale Sanktiounen an och mat direkter Ënnerstëtzung fir Kiew.

Keen, keen, Här President, vun ons huet sech dës Krich gewünscht. Mir hunn ons et net erausgesicht, dass op eng historesch Kris direkt déi nächst Kris kënn. Mir kruten dës Kris opgezwongen a mir bezuelen e Präis.

Jo, Här President, ons Fräiheet, ons Iwwerzeegungen, de Friden an Europa, déi hunn e Präis. A jo, Solidaritéit huet och e Präis.

Am Verglach mam grouse mënschleche Leed an der Ukrain ass dës Präis fir ons vergläichbar ganz kleng. An awer befanne mir ons am Ufank vun der schwéierster an och onsécherster Zäit, déi onst Land säit Laangem kennt huet. D'Mënschen an d'Betriber maache sech Suergen ëm hir Zukunft, well och si spieren d'Kris. Si leiden ënner steigende Präisser, an net nëmme bei der Energie.

Kee weess, Här President, kee weess, wéi dës Kris sech wäert weiter entwéckelen – keen. Et weess keen, wat mer geschitt. Wat mer awer wëssen, ass, dass mir d'Suerge vun de Mënschen, vun onse Bierger an och déi vun de Betriber mussen eescht huelen.

D'Regierung hält d'Suerge vun de Mënschen an de Betriber eescht. An d'Regierung léisst se mat hire Suergen och net eleng.

Wäit iwwer 40 Stonne Sozialdialog eleng an de leschten Deeg bewisen, wéi eescht d'Regierung dës Suergen och hält. Erlaabt mer hei och enger neier Ministesch,

déi knapps dräi Méint am Amt ass, déi net nëmme multilateral mat de Gewerkschaften, awer och am Bilateral de Weekend verbruecht huet, e grouse Merci ze soen.

Här President, mir losse keen am Ree stoen. Esou wéi mir dat och während de leschten zwee Joer gemaach hunn, wäerte mer och dës Kéier deenen ënnert d'Äerm gräifen, déi et am meeschte brauchen. Och dës Kéier stelle mir ons Solidaritéit ënner Beweis, Solidaritéit mat de Mënschen, déi riskéieren, manneer Kaafkraaft ze hunn, Solidaritéit mat de Betriber, déi riskéieren, hir Dieren zou mussen ze maachen. Solidaritéit mat deene Mënschen, déi an dës Betriber schaffen an Angscht hunn, wéi et weidergeet an ob se hir Aarbechtsplaz behale kënnen. Solidaritéit awer och, Här President, mat deenen nächste Generatiounen, andeem mer déi energetesch Transition staark acceleréieren. D'Tripartite ass den Outil, deen et ons a Krisenzäiten erlaabt huet, de soziale Friden ze erhalen a gemeinsam Lösungen ze fannen, déi am Interêt vum Land sinn.

D'Tripartite ass och dës Kéier net gescheitert. Vun deene fënnf Acteuren, déi an deene leschten Deeg vill Stonne mateneen diskutéiert hunn, hu véier Acteuren en Accord fonnt. An hei och, erlaabt mer, net nëmme de Regierungskolleegen – ech hu virdrun d'Madamm Backes zitéiert –, mee och de Regierungskolleegen, mee all deene Beamten aus deenen Administratiounen, déi déi lescht Deeg an déi lescht Stonnen och ni op d'Auer gekuckt hunn, och e grouse Merci ze soen. Ech weess, dass et vill Stonne gebraucht huet, mee et war net ëmsoss.

En Accord, wou jiddereen och vun deene véier huet misse Waasser a säi Wäin schëdden. En Accord, wou jidderee sech un der nationaler Solidaritéit och wollt bedeelegen. En Accord, deen a senger leschter Form och eng historesch Dimensioun ugeholl huet.

Leider hunn déi véier Acteuren et net fäerdegbruecht, eng Gewerkschaft vun dësem Accord ze iwwerzeegen. An ech bedauern dat zudéifst. Mir souze gëschter Owend erëm méi wéi sechs Stonne beieneen, wou mer alles probéiert hunn, fir en definitiven Accord mat de Sozialpartner ze fannen; dës nodeems mir, esou wéi ech et just virdu scho gesot hunn, méi wéi 40 Stonne scho mat deem engen a mat deem aneren am Bilateral oder Multilateral diskutéiert hunn.

Gëschter wier en unanimen Accord méiglech gewiescht. Mir waren ons d'lescht Woch op de Prinzipien eens. Leider huet eng Gewerkschaft decidéiert, eng Rei vun dësen Prinzipien erëm a Fro ze stellen. Dës Gewerkschaft, den OGB-L, huet ons gëschter Owend matgedeelt, dass si den Accord, deen um Dësch läit, net matdroe kann. Déi aner zwou Gewerkschaften, den LCGB an och d'CGFP hu sech favorabel vis-à-vis vum Accord gewisen. Si hunn ons och haut de Moie matgedeelt, dass se dësen Accord ënnerschreien. Dës ass eppes, wat mer nach bis elo an der Geschicht vun der Tripartite net kennt hunn. D'Patronat huet eis och gëschter Owend scho matgedeelt, dass et dësen Accord och ënnerschreift.

Ech kann Iech och matdeelen, dass ech direkt no dësem Debat hei an der Chamber de schréfflechen Accord mat der UEL, dem LCGB an der CGFP och ënnerschreie wäert, am Numm vun der Regierung. Mir wäerten dann nach eng Kéier der Éffentlechkeet dësen Accord kënnen presentéieren.

D'Regierung huet en historesche Pak vu Mesuren op den Dësch geluecht, e Pak, deen zesummegerechent ronn 830 Milliounen Euro kascht. Jo, et ass e Solidaritéitspak. Eng Kompensatioun vum Kafkraaftverloscht iwwer e Crédit d'impôt an Héicht vu 432 Milliounen Euro, déi och direkt deene Leit mat méi klengem a mëttlerem Revenu zeguttkënn.

Ech wëll betounen, dass dës Mesure eleng duerfir suergt, dass et kee Menage méi zu Lëtzebuerg gëtt, deen och manneer Kafkraaft huet. Ganz am Géigendeel, all Menage erhalt méi Kafkraaft; dat, wat virun der Kris och de Fall war. A mir iwwerkompenséieren hei daitlech de Kafkraaftverloscht vun deene Leit, déi et och am meeschten brauchen. An ech wäert dat duerno och nach eng Kéier widderhuelen an ech sinn och ganz frou, dass och haut am Laf vum Dag de Minister Fayot an d'Ministesch Backes wäerte mam Direkter vum Statoc an och mat der Direktesch vun der Steierverwaltung eeben och op all déi Froen agoen, vu Quantilen, vu Behauptungen, déi gemaach ginn, dass net géif kompenséiert ginn, fir déi och kloerzestellen.

Ech wëll och net verstoppen, Här President, dass d'Regierung eng zweet Propos gemaach hat, fir den Index ze kompenséieren a fir do dem Kafkraaftverloscht eeben och entgéintzekommen, déi zum Deel aus engem Steierkredit an och zu engem aneren Deel aus enger Energieprimm bestanen huet. Dës Energieprimm hätt nach eng Kéier 750 Euro fir dee klengste Revenu ausgemaach. Déi Proposition ass vun de Gewerkschaften ofgeleent ginn.

Mir denke bei der Kompensatioun vum Index an dem Kafkraaftverloscht och un d'Leit, déi de REVIS bezéien oder eng Studentebourse kréien, also net vum Steierkredit kënnen profitéieren. Et ass wichteg, déi net ze vergiessen an dëser Fro. Hei leeë mer nach eng Kéier 14,5 Milliounen Euro op den Dësch.

Nieft dëser direkter Kompensatioun profitéieren d'Leit och vun der Reduktioun vu 7,5 Cent um Liter Bensinn, Diesel a Mazout. Dës Mesure kascht 75 Milliounen Euro. Och déi Sue kommen der Kafkraaft vun de Leit zegutt.

Zusätzlech erhéije mer och d'Subvention loyer ëm 5 Milliounen Euro, fréieren d'Loyeren a bis zum Enn vum Joer an erhéien d'PRIME House fir kleng a mëttelgrouss Revenuen. Déi nei Zuele bewisen, dass dat nei Elementer sinn an net hei Saache verkaf ginn, déi scho passé gehéieren. Dat sinn nei Mesuren, Verbesserung vu Mesuren, déi schonn um Dësch louchen, mee déi awer verbessert ginn no dëser Tripartite.

Ech erënnere, Här President, och op dës Plaz nach eng Kéier un de Mesurëpak nom Energiedësch vun insgesamt 65 Milliounen Euro, déi och de Leit zegutt kommen. Mir sinn hei op engem Total vun iwwer 600 Milliounen Euro un Hëllef fir d'Privatleit – 600 Milliounen Euro! Dat ass am Verglach mat Hëlfelefen aus dem Ausland, mengen ech, einfach aussergewöhnlech.

Dobäi kennt d'Indextranche vum Abrëll, déi och an der Diskussioun stoung a wou mer als Regierung festgehalten hunn, dass déi bleiwe sollt. An déi ass och deklendéiert gewiescht a mir hunn och do direkt schonn dem Patronat matgedeelt, dass dat net a Fro géif kommen, wéi mer déi éischt Gesprécher haten, fir do iergendwéi drun ze goen.

Et ass mir wichteg, dat nach eng Kéier ze betounen: Mir annulléiere keng Indextranche. Mir reportéiere just eng Indextranche dës Joer a potenziell eng Indextranche d'nächst Joer ëm aacht respektiv zwielef Méint, déi dann och nees iwwerkompenséiert géif ginn.

Fir d'Betriber hu mir Hëlfelefen an Héicht vun 225 Milliounen Euro decidéiert. Dës Hëlfelefen kommen deene Betriber zegutt, déi am meeschte vun den héijen Energiepräisser och betraff sinn. Mat deenen Hëlfelefe wëlle mer eeben och zwee Ziler errechen: Éischtens gräife mir kuerzfristeg deene Betriber ënnert d'Äerm, déi wéinst der Präisdeierecht seriö Finanzierungsproblemer hunn. Op där anerer Säit ënnerstëtze mer och d'Betriber mëttelfristeg bei hirer Energietransitioun.

Dës war ons, awer och de Sozialpartner – mir net eleng, mee och de Sozialpartner –, wichteg, fir e kloere



Message och ze ginn, dass mir dës Kris netze mussen, fir méi séier onofhängeg vu fossilen Energien aus dem Ausland ze ginn.

Zousätzlech wäert d'Regierung de Betriber d'Garantien fir Prêten an der Héicht vun enger hallwer Milliard liwweren, esouwéi dat jo och schonn an der Covidkris gemaach gouf.

D'Betriber, Här President, brauche Previsibilitéit, grad a Krisenzeiten. Dräi Indexbranchen ënnerhalb vun zéng Méint géife ganz ville Betriber d'Genéck brieche. Dat hu si ons kloer matgedeelt an dës Message gouf och vun den zwou Gewerkschaften verstanen. Et ass ee Gewerkschafter, deen eis gesot huet, dass ganz vill Leit an de Betriber wëssen, dass se am selwechte Boot sëtze wéi de Patron. De But ass, dass d'Boot ka weiderfueren. Wann d'Boot ënnergeet, ass et net nëmmen de Patron, dee mat ënnergeet, mee och all déi Leit, déi am Betrib schaffen. Ech zitieren e Vertrieber vun de Gewerkschaften.

Et ass kengem vun ons liichtgefall, Här President, fir d'Verréckele vun enger Indexbranche ze abordéieren, mee am Endeffekt ass et alternativlos, wa mir eise Wirtschaftsstanduert an och Zéngtausenden Aarbechtsplaze hei och wëllen erhalen.

D'Finanzministesch an de Wirtschaftsminister, wéi ech virdru gesot hunn, wäerten duerno eng Pressekonferenz maachen, fir op déi dote Punkten anzugehen. An och déi verschidde Ministeren – well mir wäerten och en Omnibustext préparéieren, wou ganz vill Punkten dra sinn, zum Beispill, et ass e Punkt iwwert de REVIS, et ass e Punkt do iwwert d'Studenten, et sinn eng Rëtsch vu Punkten ..., oder iwwert de Logement, ech ginn elo net méi op den Detail an – wäerten déi dann och der Chamber presentéieren kommen an och an der Effentlechkeet presentéieren kommen, fir dass déi zoustänneg Chamberskommissioun och all Informatiounen huet.

Mir wäerten nämlech als Regierung an den nächsten Deeg och déi néideg gesetzlech Basis finaliséieren, déi een och brauch, fir – ech muss Iech et soen – esou zäitno wéi méiglech och dës Mesurë kënnen ëmzesetzen.

Ech widderhuelen nach eng Kéier, Här President: De Gesamtkäschtpunkt vun dësem Pak, deen d'Regierung gëschter op den Dësch bruecht huet, läit am Ganze bei 830 Milliounen. Esou e Pak gëtt et a kengem anere Land proportionell, wann ee kuckt an der Europäescher Unioun.

Ech wëll och op dës Plaz kloer soen, dass an normalen Zäiten onst Land sech esou e Pak net leeschte kéint. Mir sinn hei wäit iwwert dat erausgaangen, wat an enger virsichteger budgetärer, ganz improvisibeler Zäit och hätt kënnen ubruecht sinn. Mir ginn hei méi wäit. Mir ginn hei méi wäit ... Mee mir mussen eis och bewusst sinn, dass bei enger aussergewöhnlecher Situatioun och aussergewöhnlech Mesurë mussen ergraff ginn.

Ëmsou méi bedauern ech, Här President, dass och eng Gewerkschaft net ze iwwerzeege war. Ech froe mech haut, ob dës Gewerkschaft iwwerhaupt wollt iwwerzeegt ginn. Ech stelle mir dës Fro, well ech bis haut hir Fuerderungen net all novollzéie kann. Ech kommen duerfir och net derlaanscht, e puer Wieder iwwert dës Fuerderungen ze soen.

Vu Gewerkschaftssäit si bis zum Schluss Kompensatiounen gefrot gi fir Leit, déi wäit iwwer 10.000 Euro de Mount verdéngen. Kompensatiounen fir Leit, déi eleng mat där Indexbranche am Abrëll schon hire Kafkraaftverloscht iwwerkompenséiert hunn, also Leit, déi méi Kafkraaft zur Verfügung hunn, wéi dat virun der Kris och nach de Fall war. Mat ons war dat net ze maachen.

Ech soen dat hei riicht eraus: D'Regierung war an ass net d'accord, dass zukünfteg Generatiounen finanziell hypothekéiert solle ginn, fir dass Sue bal op Salären gehäit ginn, wou se wierklech net gebraucht ginn.

D'Propositoun vum OGB-L hätt eleng fir d'Indexkompensatioun – déi éischt Propositoun, déi mer kritt hunn – annerhalfe Milliard kascht. Déi Zuel hu mer do. Dat wier fir eis total irresponsabel gewiescht an och net sozial gerecht. D'Regierung ass och frou ... Ech weess, et ass déi éischt Propositoun, et ass eng zweet Propositoun komm vun 900 Milliounen, déi nokomm ass. Mee de Gesamtpak, well elo gëtt just gesot, dat war just d'Kompensatioun, fir de Gesamtpak wiere mer wäit iwwer enger Milliard gewiescht.

An hei rechne si just een Deel, dat heescht, mir wieren am ganze Pak bei iwwer annerhalfe Milliard gewiescht.

D'Regierung ass frou, dass mir mat all deenen anere Sozialpartner e gemeinsamen Accord fonnt hunn, fir eben net déi Leit mat héijem Revenu ze kompenséieren, mee fir déi Leit, déi et wierklech och am meeschte gebrauche kënnen, méi ënnert d'Aerm ze gräifen. An ons Hëllef gi wäit an d'Mittelschicht eran. Ech widerhuelen et nach eng Kéier, well et essenziell ass, well ech d'Gefill hunn, wéi wann an den nächsten Deeg och versicht wäert ginn, dës Fakt ze ënnergriewen.

D'Mesurë vun der Regierung suergen derfir, dass et zu Lëtzebuerg kee Menage méi wäert ginn, dee manner Kafkraaft zur Verfügung huet wéi virun der Kris. All Menage wäert méi Kafkraaft zur Verfügung hunn. Dat ass keng blann Behauptung, déi ech hei virun Iech lancéieren. Et sinn net einfach Zuelen, déi mir elo gëschter improviséiert hunn. Mir berechnen op Calcule vum Statec. A mir mussen eis als Staat op déi Administratiounen, déi mer och hunn, kënnen verlossen an och dat suivéieren. An ech sinn och duerfir ganz frou, dass den Direkter vum Statec de Mëttel an den Detail kann erklären, wéi do verschidde Saache behaupt ginn, awer och contrecarréiere kann.

Dir wäert kaum en anert Land fannen, Här President, dat et fäerdegréngt an enger Kris wéi där heiter, de Kafkraaftverloscht vun de Leit net nëmmen ze kompenséieren, mee souguer iwwerzekompenséieren, soudass d'Mënsche souguer méi Kafkraaft zur Verfügung hunn.

Ech wëll, Här President, hei mat enger méi perséinlecher Nott zum Schluss kommen. Déi lescht Deeg an och haut ass ganz vill iwwert den Index geschwat ginn. E Regierungsmember huet eis gesot, dass e mat op d'Strooss gaangen ass fir den Index. Ech wëll Iech, Här President, an de Leit dobauss versécheren, dass dat iewesch Zil vun der Regierung war, ass a bleift, en Index ze erhalen.

Den Index ass a bleift e Garant fir de soziale Friden hei am Land. Mäi Virgänger am Amt vum Premierminister, den Eierstaatsminister Jean-Claude Juncker, stoung 2012 virun enger änlecher Situatioun wéi ech haut. Och hien huet an enger Kris eng Tripartite aberuff. De Jean-Claude Juncker huet deemools ouni Accord – vu kenger Gewerkschaft – an der Tripartite seng Verantwortung iwwerholl an huet dësem Haus d'Propositoun gemaach, just nach eng Indexbranche pro Joer auszebezuelen.

Ech war 2012 Deputéierten an ech war net an der Majoritéit. Ech war an der Opposition an ech hunn awer där Propositoun vun der Regierung zugestëmmt. Ech net eleng, 53 Deputéierten hunn derfir gestëmmt. An et huet keen dat gestëmmt, well et populär war, et huet keen dat gestëmmt, well e sech driwwer gefreet huet, mee well et dat Richteg war, dat Richteg fir d'Zukunft vun eise Land, mee och dat Richteg fir d'Zukunft vum Index. Am Géigesaz zu deemools proposéiert mir Iech haut ganz substanzuell Kompensatiounen

fir d'Verréckele vun enger Indexbranche. Mir annuléiere keng Indexbranche, et geet de Leit näischt verluer. Am Géigendeel!

Ech bieden Iech duerfir haut, och an Iech ze goen, esou wéi ech dat 2012 och selwer gemaach hunn. Ech bieden Iech ëm eng breet politesch Ënnerstëtzung fir dësen Accord, dee vu véier vu fënnf Acteuren vun der Tripartite matgedroe gëtt. Et wier e staarke Message fir déi vill Stonnen, déi dës véier Acteuren déi lescht Deeg an de Sozialdialog investéiert hunn. Dat wier och e staarke Message fir onst Land. D'Regierung steet zum Sozialdialog. D'Regierung steet zum Index. D'Regierung steet zur Solidaritéit fir d'Kafkraaft, fir d'Betriber a fir eng sécher Zukunft.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools. Ech ginn dem Här Premier- a Staatsminister Akt vu senger Deklaratioun a soen him Merci.

An ech ginn d'Wuert elo un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Gilles Roth (CSV) |** Merci. Här President, Här Staatsminister, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen deem Staatsminister Merci fir seng Erklärungen, déi en elo am Numm vun der Regierung gemaach huet. Ech soen och gradesou Merci allen Acteuren, sief dat de Beamten, sief dat och all de Gewerkschaften, ob et zu engem Accord vun alle komm ass oder net, fir hir Beméiungen am Kader vun deem Sozialdialog.

Dat Éischt virop: D'CSV steet ohne Wenn und Aber zum Lëtzeburger Sozialdialog. Dat ass an eiser DNA, dat ass an der DNA vun der Vollekspartei CSV, ob mer an der Regierung vertruede sinn oder ob mer an der Opposition sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stinn och zu enger Tripartite a mir sti virun allem zu dem Lëtzeburger Sozialmodell, well mir wëssen, wat de Lëtzeburger Sozialmodell bedeit – histoersch gesinn – a mir wëllen net, dass besonnesch an ugespaante Situatiounen de Lëtzeburger Sozialmodell futti gemaach gëtt. An dofir soen ech ganz kloer: Mir wëssen, dass de Lëtzeburger Sozialmodell derzou bäidréit, den Zesummenhalt vun deene Leit, déi hei schaffen a wunnen, a virun allem d'Wuelbefanne vun de Leit, déi hei wunnen a schaffen, ze garantéieren. A mir wëssen och, dass de Lëtzeburger an déi Leit, déi hei wunnen a schaffen, e ganz feint Gespier hu fir e Konsens, wa se der Meinung sinn, dass deen zäitbedéngt dee richtegen ass fir Land a Leit.

De Staatsminister Bettel huet virdru säi Virgänger mentionéiert, de Jean-Claude Juncker. Abee, ech kommen eigentlech zrëck op eppes, dat de Staatsminister Juncker den 29. August 2007 gesot huet op der Gedenkfeier vum Gaston Thorn, iwwregens ee vun de Matbegrenner vun der Tripartite. An do huet de Jean-Claude Juncker richtegerweis gesot, d'Tripartite wier eng national Konsensfabrik mat mol méi oder manner gelongene Solidaritéitsprodukter, déi doraus produzéiert géife ginn. Eigentlech op seng eegen Aart a Weis, mee haut kéint een et och bal net méi treffend soen.

Duerfir: D'Tripartite ass fir eis en Dreierbündnis sécherlech ënnert der Federführung vun enger Regierung, mee et geet drëms, fir géigesäiteg Interesse mateneen ze verbannen, déi vun de Gewerkschaften, vun de Vertrieber, vun de schaffende Leit, deenen hiert Interessi natierlech muss sinn, fir de Leit an engem Kompromëss déi néideg Kafkraaft ze ginn, besonnesch an ugespaanten Zäiten. An duerfir soen

ech och ganz kloer am Numm vun eiser Partei, am Numm vun der CSV, dass mir zu der Logik vum Indexsystem stinn. Mir sinn der Meenung, dass en Indexsystem muss voll a ganz zum Droe kommen a gudden Zäiten. Mir soen awer och gradesou kloer, dass e Verrécke vum Index muss méiglech sinn an der Zäit, wann et dem Land net gutt geet. A mir ennersträichen domat déi Gréisst, déi och virun allem den LCGB an d'CGFP als national representativ Gewerkschafte ginn hunn.

Et brauch och, an dozou sti mer och, en Ausgleich vum der Kafkraaft virun allem fir déi Leit, déi et néideg hunn, a besonnesch an dësen Zäiten. Ech kommen herno nach op d'Explikatiounen dozou zrëck.

Ech hu virdu gesot: Deen ee Partner, dat sinn d'Gewerkschaften als Vertrieber vum der Kafkraaft vum der Leit. Deen anere Partner – an ech betounen, et ass e Partner, kee Géigner –, dat sinn awer och eis Betriber. An d'Betriber, Dir Dammen an Dir Hären, déi brauche virun allem elo Previsibilitéit. An ech soen et ganz kloer: D'Betriber hunn eng extreem schwierig Situation hannert sech, net eréischt elo mat der Energiekris, mee schonns zwee Joer laang.

An Dir wësst zu vill heibannen, dass ganz vill Patrone schloflos Nuechten haben. Vill hunn aner Solutioune gewielt, iwwert déi net vill geschwat gëtt, an dat zielt fir Kleng- a Mëttelbetriber, dat zielt fir den Horecassektor, dat zielt fir den Handel an d'Handwerk an dat zielt och fir d'Industrie. An och si, Dir Dammen an Dir Hären, verdéngen net nëmme hei an der Chamber, mee landeswäit hire Respekt an eise Respekt, well si e Risiko op sech huelen, dee se net missten hunn, wa se eng aner Situatioun an en anere Wee an hirem Liewen ageschloen hätten.

An ech soen et och ganz kloer am Numm vun eiser Partei: Wësst Der, e Benefiss maache fir e Betrib, dat ass keng Schan. Duerfir brauch e Betrib sech net ze schommen. Et ass d'Vocatioun vum enger Entreprise, fir Benefisser ze maachen. Et ass d'Vocatioun vum enger Entreprise, fir Benefisser ze maachen! Firwat? Mee well se hire Produktionsstanduert ganz einfach weider hält, well se Aarbechtsplazen, déi bestinn, erhält a well se Aarbechtsplaze kann nei schafen, iwwregens och am Sënn vun de schaffende Leit an hire Familien. An duerfir ennerstëtze mir och d'Efforten, déi gemaach ginn an dësem Gesamtpak fir Energiepräisser vum der Betriber. Vill hu schonn hir Produktioun age stellt, dat musst Der Iech virstellen. Déi stellen hir Produktioun an, well se net méi mat den Energiepräisser eens ginn.

Jo och dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass net am Interessi vun de schaffende Leit. Dat ass net am Interessi vum eiser nationaler Economie. An duerfir soe mir als CSV, mir hunn et och scho virdu gesot: Handeln! Grad elo!

Zur Form, Dir Dammen an Dir Hären: Mir sinn nachdrëcklech der Meenung, dass et e Feeler war, opgrond vum enger Hellewull vu Situatiounen, dass net schonns 2021 eng Tripartite aberuff gouf. A keen anere wéi en erfuerene Sozialpolitiker, de Marc Spautz, huet dräimol an dësem Haus drop higewisen an et ass dräimol leider ofgewise ginn. Mir bedauern dat. Mir bedauern och – ech soen dat ganz kloer –, dass et zu kenger Spezialkommissioun komm ass, déi mer virun dräi Wochen hei gefrot haben, fir dass d'Chamber sech an enger Kommissioun mat den héijen Energiepräisser beschäftegt.

Mir reiteréieren eis Fuerderung a mir hoffen, dass mer am Konsens op e Wee kommen, dass mer eng Spezialkommissioun „Tripartite“ hei an dësem héijen Haus kënne schafen, fir dass och déi Moosnamen, déi jo musse legislativ ëmgese ginn, an engem Goss kënne flëssen.

An ech erënnere drun, dass och 2008/2009 ... Här Staatsminister, Dir hutt virdu den Här Juncker mentionéiert ... Keen anere wéi den deemolege Fraktionssprecher vum der DP, vum Ärer Partei, wou Dir och selwer Member an dësem héijen Haus waart, hat deemools eng Motioun, eng Resolutioun erabuecht a virum Hannergrond vum der Bankekris gefrot, fir och eng Spezialkommissioun anzerichten. An dat war eng gutt Zesummenaarbecht, well déi Deputéiert nämlech vum allen Acteuren op der Plaz dat konnten ophuelen, wat déi ganz Auswierkung vum dëser Kris bewierkt hunn.

A mir wiere frou, Här Staatsminister, wann Der eigentlech och Iech géift deem ralliëieren, wat deemools de Staatsminister Juncker gesot huet. En huet gesot: „Ech sinn zwar an der Regierung, ech si Staatsminister, mee wann ech Member an Deputéierte vu menger Fraktioun wier“, mir waren deemools zu 26, „da géif ech dem Parlament roden a menger Fraktioun roden, fir esou eng Spezialkommissioun unzuhuelen.“

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Ech och.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Très bien!

**Une voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Ech och ...

(Hilarité)

... an d'Madamm Lenert och.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här Staatsminister ... Paus ... Här Staatsminister, mir huelen dat dankend un a mir wieren och gradesou frou doriwwer, an dat musst Der verstoen, wann all déi Dokumenter, well och dat brauch een – an Dir hutt den Här Bausch, dee jorelaang an dësem Parlament grad ewéi Dir souz, grad ewéi de Père Fayot –, jo, dass d'Deputéiert ... well Dir hutt et richtig ennerstrach, Här Staatsminister, dass en fin de compte de ganz grouse Gros vum dësen Decisiounen jo muss duerch dee Legislativprozess goen an dass mer alleguerten Interêt hunn, dass et esou séier wéi méiglech geet, fir dass déi Hëllef, déi Der versprach hutt, déi Der mat de Sozialpartner ugeduecht hutt, och kënne an musique gesat ginn.

An duerfir, mengen ech, wier et ubruecht, am Sënn vun der Transparenz, am Sënn vun enger neier Zesummenaarbecht vum Opposition a Majoritéit, dass och d'Deputéiert, an all d'Deputéiert, souwuel vum der Majoritéit wéi och vum der Opposition, géifen Notte kréien, dass mer vollëmfänglech driwwer informéiert ginn, wat déi eenzel Moosname fir Auswierkungen hunn, dat se kassen, wat hiren Impact op deen een oder deen anere Sektour ass. An ech mengen, am Sënn vun enger Transparenz wier dat och néideg.

Här Staatsminister, kuerz, well ech gesinn: meng Zäit, déi leeft. Zu de Mesuren: Jo, d'CSV steet selbstverständlech derzou, dass et eng Erlichterung gëtt fir d'Leit beim Spritt, well mir hunn héich Sprittpräisser. An Dir wësst: Jiddwereen, a virun allem déi Leit, déi op den Auto ugewise sinn, an där gëtt et der nach, déi op den Auto ugewise sinn, besonnesch déi, fir déi mer geklappt hu während zwee Joer ... Dat sinn d'Infirmieren zum Beispill. Et gëtt vill anerer, déi op Schichte schafen. Mee déi kommen net vum Süde vum Land automatesch bei de Centre hospitalier, wa se nëmme eleng op den öffentlichen Transport ugewise sinn. Dat ass e Beispill, dat fir vill steet. An duerfir si mer der Meenung, dass et och fir d'CSV wäertvoll ass, fir dat do ze ennerstëtzen.

Ech weess, Dir hätt och nach kënne op 16 Cent eropgoen. Dat Wichtigst, dat bei eis zielt, dat ass, mat allem Respekt: Fir den Tanktourismus op Lëtzebuerg

ofzefiedere, musse mer oppassen, dass mer och laang- a mëttelfristeg virun allem net en Tanktourismus vum der Lëtzebuerger initiéieren, nämlech an Däitschland, sief et op Perl, op Nennig oder op aner Plazen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Well alles dat wier soss och kontraproduktiv.

Dir Dammen an Dir Hären, mir soen och Jo zum Verrécke vum der Indexbranche. Nach eng Kéier: an normalen Zäiten Neen, mee an dësen Zäite Jo! Et ass e Verrécke vum Indexbranchen a mir begrëssen, dass an der Eventualitéit ..., well kee vun eis – de Staatsminister huet et virdu gesot – weess, wat an deem Ukrain-Krich erauskënnt.

Dir hutt gëschter gesinn ... De Minister Turmes huet eis gesot de Moien um Radio, en hätt gëschter an enger grousser däitscher Tageszeitung gelies, dass ee muss iwwert d'Energieknappheet och emol diskutéieren. A mir wëssen net, wat do bei de Präisser op eis zoukënnt. Dat bestëmmen mir net zu Lëtzebuerg. Dat ass eng geopolitesch Fro. Dat kënne mer net haut beäntweren. Also kéint et parfaitement méiglech sinn, dass zousätzlech zu enger Indexbranche elo no dem Abrëll et och nach zu enger weiderer kéint kommen.

A mir begrëssen et, esou wéi mir den Accord verstannen hunn, dass dann och nach eng Kéier d'Tripartite géif dozou kommen, fir och doriwwer ze diskutéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerfir menge mer – mee doriwwer muss een och eng Kéier diskutéieren, zu engem spéideren Zäitpunkt, wa sech eng Stabiliséierung vum den öffentlichen Finanzen ubant, wann een eng Previsibilitéit huet, dass een, an dat soe mir haut och nach, dass et an eisen Aen domat des Éftere kontradiktoreschen Ausenansetzungen mëndlecher Aart gouf, nämlech dass et fir eis net vergiess ass –, dass een och muss all véier, fënnf Joer d'Inflationsberengung vum der Steiertabell maachen. Dat ass eppes, dat ass an der Vergaangenheet gemaach ginn. Dat soll een och virum Hannergrond vum dëser schwieriger Situatioun fir d'Zukunft net vergiessen. Well Dir wësst: Schaffe muss sech och zu Lëtzebuerg lounen. A virum deem Hannergrond muss een och déi legitim Revendicatioun weiderhin am A halen.

Duerfir, Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend: Mir kafen als CSV keng Katz am Sak. Et ass e Pak, dee kascht ëmmerhin de Lëtzebuerger Staat, de Lëtzebuerger Budget 830 Milliounen Euro. D'CSV – an dat soen ech och gradesou kloer am Numm vum eisen 21 Deputéierte – iwwerhëlt och a schwéieren Zäiten an och als Oppositionspartei hir Verantwortung am Interessi vu Land a Leit. An duerfir ginn ech Iech haut eise grundsätzlech Jo zu de Prinzippe vum dësem Accord. Dat ass kee Blankoscheck fir d'Gesetzter, mee mir schaffe konstruktiv mat.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zäiten, an deene mer am Moment liewen, sinn aussergewöhnlech. Ech géif souguer soen, dass et an der Nokrichszäit nach ni esou eescht war wéi haut. Et komme vill Krise beieneen.

Säit zwee Joer si mer mat enger Pandemie beschäftegt; enger Pandemie, déi considerabel gesellschaftlech an awer och wirtschaftlech Follge mat sech bruecht huet, vum deem sanitären a gesondheetleche Leed emol guer net ze schwätzen.



Den Aggressiounskrich vu Russland op d'Ukrain, dee virun engem gudden Mount lassgeliest gouf, bréngt d'Welt an och Lëtzebuerg an eng zousätzlech Kris. Dëse Krich matten an Europa provoziert onvirstellbaart Leed dohannen op der Plaz. All Dag erreechen eis schrecklech Biller vun Zerstéierung a vu verzweifelte Mënschen, déi mam strikte Minimum hiert Doheem mussen opginn, fir sech an hir Léifst a Sécherheet ze bréngen.

Als Land hu mer eis solidaresch gewise mat der Ukrain. Eis Wäerter vu Fräiheet a vu Friden, fir déi Wäerter anzetrieden, dat huet e Präis – de Premier huet et gesot – an dat huet e Präis och hei zu Lëtzebuerg. Och wann dëse Präis am Verglach mat deem onbeschreibliche Leed dohannen an der Ukrain relativ kleng ass, si mir och hei zu Lëtzebuerg mat neie groussen Erausforderungen an Onsécherheete konfrontéiert.

Liwwerkettenenkpass a steigend Energie- a Matière-premières-Präisser hunn eng Inflation ausgeléist, wéi mer se säit Joerzéngten net méi kennt hunn. Besonnesch d'Energiepräisser maachen de Leit dobause vill Suergen. Wie vill mam Auto muss fieren oder wien den Heiztank muss opfëllen, dee kritt ze spieren, wat dat fir säi Portmonni bedeit.

Mir dierfen et net esou wäit komme loossen, dass d'Leit hei am Land net méi hëtzen, well se d'Sue brauchen, fir hir Familljen duerchzebréngen. De Kafkraaftverloscht vun de Stéit, grad mat klengem a mëttlerem Akommes, ass eescht. A mir mussen elo konsequent handeln, fir mat de Leit duerch dës Kris ze kommen an de Leit duerch dës Kris ze hëllefen.

D'Betriber sinn duerch dës zousätzlech Kris och ferm getraff a si maache sech Suergen ëm hir Zukunft an ëm d'Zukunft vun hire Mataarbechter. Mir dierfen net risquéieren, dass d'Betriber hei zu Lëtzebuerg hir Aktivitéit astellen. Mir kënnen net nokucken, wéi Dausenden Aarbechtsplaze risquéieren, einfach esou verluer ze goen.

Grad elo a méi wéi jee mussen mer am Land hei zesummestoen, fir duerch dës Kris ze kommen an och derfir ze suergen an och sécherzestellen, dass mer déi energetesch Transition hei nach méi konsequent weiderbréngen. D'Solidaritéit ass eise Leitfuedem an dësen Zäiten a muss e sinn.

Jo, Här President, d'Zäite sinn ongewëss. Wann eise Wuulstand muss ofgeséichert ginn an Existenzen um Spill stinn, da gëtt et zu Lëtzebuerg en Instrument, wat sech scho méi wéi eng Kéier an de Kris bewisen huet, an dëst Instrument heescht Tripartite. Ënnert dem liberalen Premier Gaston Thorn gouf dëse sougenannte „Lëtzebuerger Modell“ an de 70er-Joren agefouert, wéi déi schwéier Stolkrise risquéiert huet, d'Lëtzebuerger Gesellschaft ganz, ganz déif ze treffen. Am März 1979 gouf dunn en Accord fonnt, deen definéiert huet, wéi d'Stolindustrie, den deemolege groussen Piler vun der Lëtzebuerger Ekonomik, sollt moderniséiert an ëmstrukturéiert ginn, fir kënnen laangfristeg ze iwwerliewen. Déi éischt Tripartite huet deemools d'Entloosung vun Dausende vu Stolaarbechter verhënnert.

Och an dëser Kris gouf den Dialog mat de Sozialpartner gesicht an op Initiativ vum Premier Xavier Bettel gouf eng Tripartite aberuff. Dat gehéiert sech esou hei am Land.

D'Zil war et natierlech, en Accord ze fannen, dee vun alle Partner ka matgedroe ginn. Dat hätt Geschlossenheet an Eenegkeet an dëser Kris bewisen. Dass eppes misst geschéien, dat war vun Ufank u kloer an den Handlungsbedarf ass do. Duerch déi aktuell Energiekris an d'Inflation stinn Existenzen an Aarbechtsplazen um Spill. Dëst war och alle Parteien bewosst, déi bei der Tripartite um Dësch souzen, an et gouf e Konsens op dësem Punkt.

An ech muss soen, dass ech – ech mengen, wéi vill anerer heibannen – no der éischter Ronn ganz, ganz zouversichtlech war, dass et zu engem Accord mat alle Partner kéint kommen. Op der Pressekonferenz gouf de Sozialdialog d'lescht Woch unisono vun de Sozialpartner gelueft. Et sinn Aussoe gemaach gi wéi: „Dat war eng richteg Tripartite.“, „Ech stelle fest, dass d'Konklusiounen, déi mir elo haut gezunn hunn, u sech déi Piste sinn, déi an déi richteg Richtung ginn.“, „Et leien eng Rei Mesuren um Dësch, déi gutt sinn an déi positiv Entwécklung sinn.“

Ëmsou méi bedauern ech, dass um Enn net all Gewerkschaft konnt mat op dee Wee goen an déi uitgemaachte Prinzipien nees a Fro gestallt huet. Als DP bedauere mir dat zudéist.

Här President, e Knackpunkt schéngt hei den Index gewiescht ze sinn. Ech wëll eppes kloerstellen: Fir d'DP ass den Index d'Garantie fir de soziale Friden zu Lëtzebuerg an d'Demokratesch Partei wäert och weiderhin um Index festhalen. En ass de Garant, dass de Verbraucher net u Kafkraaft verléiert, wann d'Inflation unzitt. An de Mechanismus gräift net méi spéit wéi muer, wou allegueren d'Leit nees eng Kéier 2,5 % op de Salären, op de Pensionen oder op anere Leeschtungen bäikréien. D'Indextranche vum Abrëll ass also net a Fro gestallt.

Fir d'DP ass et awer genausou evident, dass den Indexsystem a Krisenzäite seng Limiten huet. Wa Betriber ëm hir Existenz baangen, well d'Präisser vun Energie a Matière premières duerch de Plaffong ginn, kann een net vun hinne verlaangen, dass innerhalb vun zwielef Méint dräi Indextranchen erfalen. Da géife vill Betriber hei zu Lëtzebuerg de Schlüssel ënnert den Teppich leeën.

Et ass virdu gesot ginn: Am Joer 2012 huet déi deemoleg Regierung eng Propos gemaach, fir nach just eng Indextranche am Joer auszebezuelen, an d'DP-Fraktioun huet dës Propos deemools aus der Opposition eraus ënnerstëtzt. Mir hu se matgedroen, well et och deemools am Interêt vum Land war. D'Chamber huet deemools hir Verantwortung iwwerholl an ech hoffen, dass mer dat haut och zesumme maachen.

Här President, wat ass de ganz groussen Ënnerschied tëscht deemools an haut? Haut proposéiert d'Regierung substanzuell Mesuren, fir d'Verréckele vun der Indextranche ze kompenséieren. Et gëtt keen am Rees toe gelooss, dat ass de groussen Ënnerschied. Et gëtt keng Indextranche annulléiert, si gëtt reportéiert, si gëtt no hanner gedréckt, fir dass d'Betriber weider Loft hu fir ze schaffen. Am Géigenzuch kréien d'Stéit Kompensatiounen, an et ass wichteg, dat ze betounen.

D'Regierung huet dofir en historisches Pak op den Dësch geluecht, e Pak, deen am Ganzen eng Envergure vun 830 Milliounen huet. Fir de Kafkraaftverloscht vu Leit mat klengem a mëttlerem Akommes duerch d'Verréckele vun der Indextranche ze kompenséieren, hält de Staat eleng 600 Milliounen an de Grapp. Duerch dës Mesuren huet kee Menage manner Kafkraaft wéi virun der Kris. Ech kann dofir d'Ausso wierklech net novollzéien, déi haut gemaach ginn ass, dass net genuch fir d'Stéit hei am Land géif gemaach ginn. Et wäert kee Stot manner Kafkraaft hunn!

An domat net genuch. D'Leit, déi et am meeschte brauchen, d'Leit, déi et hei am Land am schwéiersten hunn, déi kréien hire Kafkraaftverloscht esouguer iwwerkompenséiert, dat heescht, si kréie méi. An och dat kann een net dacks genuch betounen.

Eng aner Mesure, déi eis duerch d'Energiekris hëlleft, wäert d'Reduktioun ëm 7,5 Cent pro Liter um Bensinn, Diesel a Mazout sinn. Dës Moossnam, mengen ech, kennt jiddwerengem zegutt, dem Verbraucher an och de Betriber, och wa se fir de Moment bis op den 31. Juli zäitlech agegrenzt ass.

E grouse Käschtepunkt fir vill Leit sinn och d'Loyeren. An dofir ass decidéiert ginn – dat ass eng ganz gutt Saach –, dass d'Loyere bis den 31. Dezember agefruer sinn an do dernieft gëtt d'Subvention loyer nach eng Kéier substanzuell no uewen ugepasst.

Eng aner nohalteg Moossnam ass d'Adaptatioun vun der PRIME House – mir kommen de Mëtten nach eng Kéier dorobber zrëck – fir d'Stéit mat klengem Akommes, déi méi breet wäerte kënnen vun de Primme profitéieren, wa se hiert Eegenheem sanéiere wëllen.

Wichteg ass awer och, dass eis Betriber ënnerstëtzt ginn. De Staat gräift hinne mat 225 Milliounen ënnert d'Äerm. Well geet et eisen Entrepris schlech, gi keng Leit méi agestallt, da gi schliëmfstefalls souguer Leit entlooss. An dofir ass et essentiel – et ass essentiel –, dass all Betriber weider funktionéieren kann, dass kee seng Aarbecht verléiert an dass d'Betriber weiderhin zum Wuulstand vun eisem Land bäidroen kënnen.

All dës Mesurë kaschten de Staat eppes. Am Ganzen, wéi gesot, sinn 830 Milliounen Euro deblockéiert ginn, fir de Stéit an den Entrepreneuren aus dëser Kris erauszehëllefen. Ech wëll Iech soen, 830 Milliounen Euro, dat ass net näischt, an dat sinn alles Käschten, déi mer net konnten arechnen am leschte Budget an et huet en enormen Impakt op de Staatsbudget, mee et ass et eis wäert.

Fir d'DP war et wichteg a richteg, dass de Staat elo séier agraift an hëlleft, d'Kafkraaft ze stäerken.

Här President, mir diskutéieren de Mëtten iwwert d'Konklusiounen vun der Tripartite, mee et dierf een an deem Zesummenhang awer net vergiessen, dass och schon en Energiedësch Mesurë beschloss huet, zousätzlech zu deene Mesuren, déi elo decidéiert goufen, fir d'Leit ze entlaaschten. Ech wëll dofir nach eemol un déi sozial selektiv Energieprimm erënnere fir déi Stéit, déi en Urecht hunn op d'Allocation de vie chère. An dës Primm läit tëscht 200 a 400 Euro, deemno wéi d'Kompositioun vum Stot ass, an och d'AVC ass jo dës Joer ëm 200 Euro ugepasst ginn. Vun dëser Energieprimm kënnen awer och Menagé profitéieren, deenen hire Revenu 25 % iwwert dem Montant läit, deen eligibel wär fir d'Allocation de vie chère.

Donieft gouf decidéiert, dass d'Netzkäschte fir Haushalter, déi mat Gas hëtzen, op null gesat ginn. Dat wäert fir en Duerchschnittsstot ronn 500 Euro Erspueren mat sech bréngen. Wat de Präis vum Elektreschen ugeet, do gouf festgehalten, dass de Präis stabiliséiert respektiv souguer erofgesat gëtt, an dat andeems de Staat seng Kontributioun am Mécanisme de compensation renouvelable/cogénération wäert daitlech erhéien. Am Ganze goufe fir dës Energie-dësch also 65 Milliounen Euro deblockéiert, fir d'Stéit weider ze entlaaschten.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Demokratesch Partei bedauert wierklech, wéi gesot, dass net all Gewerkschaften, déi un der Tripartite deelgeholl hunn, dësem Accord konnten zustëmmen. Mir freeën eis awer driwwer, dass souwuel den LGB wéi och d'CGFP dës Accord, deen an iwwer 40 Stonnen Negotiatiounen ausgehandelt gouf, approvouert hunn. Dat weist also, dass et méiglech gewiescht wär.

D'DP-Fraktioun seet awer och ganz kloer, wa mer dëst Resultat kucken, dass dës Tripartite eindeuteg net den Doud vun dësem Kriseninstrument ass. Ganz am Géigendeel: Mir gleewen un d'Zukunft vum Lëtzebuerger Sozialdialog a mir gleewen un d'Zukunft vum Lëtzebuerger Modell.

Wichteg fir de Succès vun enger Tripartite ass, dass all Parteien sech dem Eescht vun der Lag bewosst sinn. Jiddereen verteidegt natierlech seng Interëten. Jiddereen huet seng rout Linnen. Mee wann et drëm geet,

Lëtzebuerg zesummen aus der Kris erauszeféieren, da muss och jiddweree bereet sinn, e bësse Waasser a säi Wäin ze schëdden. Jidderee kann natierlech alleguerde seng Fuerderungen an d'Ronn geheien. Déi Fuerderunge mussen awer vertriedbar, räsounabel sinn a virun allem – a virun allem! – musse se bezuelbar sinn.

Entlaaschtungen, déi wäit iwwer eng Milliard kascht hätten an net sozial cibléiert gewiescht wären, hätten och eis Zoustëmmung net fonnt.

Et ass elo net un der Zäit, fir Kaddoen ze verdeelen, mee et ass un der Zäit, fir grad deenen ze hëllefen, déi et am Moment am meeschte brauchen. D'Finanzsituation vum Staat no zwee Joer Pandemie verlaangt méi wéi jee e ganz, ganz responsablen Ëmgang mat de Staatsfinanzen am Interêt vun eis all a grad am Interêt vun den zukünfte Generatiounen.

Här President, d'Demokratesch Partei wäert a wëllt och an dësen ongewëssenen Zäite Verantwortung iwwerhuelen an ënnerstëtzt d'Regierung bei der Ëmsetzung vun deem Accord. Et ass en historiesche Pak, deen hei ficeléiert ginn ass. Et ass e Pak, deen déi sozial Oder vun dëser Koalitioun a vun dëser Regierung ënnersträicht. Et ass e Pak, deen d'Kafkraaft vun alle Stéit hei am Land stäerkt. Et ass e Pak, deen de Betriber Loft gëtt, fir weider kënnen se schaffen. Et ass e Pak, dee beweist, dass mer bereet sinn, fir zesumme Verantwortung ze iwwerhuelen.

An deem Sënn, géif ech Iech alleguerde Merci soe fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Här President, ech hunn nach eng Motioun, an Dir hutt gesinn, dass et a leschter Minutt nach hei ze enger Ännerung koom, wat dozou gefouert huet, dass ech net konnt bei d'Kollegen aus dëser Säit froe kommen, ob se déi Motioun wëllte mat ënnerschreien. Här President, ech géif Iech se ginn, a wann d'Kollege vun der CSV, vun de Piraten, vun déi Lénk, vun der ADR Loscht hunn, se mat ze ënnerschreien, wäre mer natierlech ganz frou, wa se dat géife maachen.

Ech wollt net eriwierkommen, Här Roth, wéi Dir grad amgaange waart, hei ze schwätzen. Dat wär extreem onhéiflech gewiescht. Voilà.

**Une voix** | Très bien!

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

– constatant le contexte international tendu et son lot de conséquences, dont entre autres le renchérissement du coût des matières premières et des prix de l'énergie ;

– constatant que l'augmentation du coût des matières premières et la hausse généralisée des prix de l'énergie pèse considérablement sur les ménages et les entreprises ;

– saluant l'adoption d'un paquet conséquent de mesures au bénéfice des ménages et des entreprises dans le cadre de l'« Energiedesch » ;

– saluant l'initiative du Gouvernement d'inviter les partenaires sociaux à une réunion du Comité de coordination tripartite ;

– rappelant que le Comité de coordination tripartite, institué en tant qu'organe de concertation en temps de crise, fait partie intégrante du modèle économique et social luxembourgeois ;

– considérant le paquet de mesures tel qu'il a été élaboré par le Gouvernement et approuvé par les délégations du patronat et de deux syndicats représentatifs au niveau national ;

– considérant l'envergure historique de ce paquet, le coût des différentes mesures de soutien aux ménages et aux entreprises étant estimé à plus de 825 millions d'euros auxquelles s'ajoute un régime de garantie sur les prêts accordés par les banques aux entreprises éligibles qui ont des besoins en liquidités en raison des conséquences économiques de l'agression de la Russie contre l'Ukraine, d'un volume de 500 millions d'euros ;

– relevant que ce paquet de mesures négocié répond à l'objectif de vouloir garantir la paix sociale au Luxembourg en limitant l'impact et la pression inflationniste sur les ménages et les entreprises ;

– approuvant que le système actuel d'indexation des traitements, salaires, pensions rentes et autres indemnités n'est pas mis en cause ;

– considérant le déclenchement de la tranche indiciaire pour le mois d'avril 2022,

invite le Gouvernement

– à mettre en œuvre, dans les plus brefs délais, les mesures telles qu'elles ont été proposées par le Gouvernement et approuvées par les délégations du patronat et de deux syndicats représentatifs au niveau national lors de la réunion du Comité de coordination tripartite du 30 mars 2022, et plus précisément ;

– à décaler à avril 2023 toute tranche indiciaire supplémentaire qui devrait tomber au courant de l'année 2022 ;

– à décaler de 12 mois toute tranche indiciaire supplémentaire potentielle en 2023, et ceci dans le but de garantir davantage de prévisibilité aux entreprises ;

– à introduire en contrepartie un nouveau crédit d'impôt, socialement ciblé, venant compenser, voire surcompenser pour les salaires les moins élevés, la perte du pouvoir d'achat des ménages, telle que déterminée par le Statec, du fait du décalage de la tranche indiciaire prévue pour le mois d'août 2022

1. pour les salaires et pensions compris entre 936 euros et 44.000 euros par an, ce crédit s'élèvera à 84 euros par mois ;

2. pour les salaires et pensions compris entre 44.001 euros et 68.000 euros par an, ce crédit s'élèvera à 76 euros par mois, puis progressivement se réduira à 0 pour les salaires et pensions dépassant 100.000 euros par an ;

– à introduire un mécanisme de compensation pour les bénéficiaires du REVIS et du RPDH ;

– à introduire un mécanisme de compensation pour les bénéficiaires d'une aide financière de l'État pour études supérieures ;

– à garantir ces mêmes mécanismes de compensation dans le cas de figure du décalage de 12 mois d'une tranche indiciaire supplémentaire potentielle en 2023 ;

– à réduire le prix à la vente de 7,5 cents/€ par litre de Diesel et d'essence jusqu'à fin juillet 2022 ;

– à réduire le prix à la vente de 7,5 cents/€ par litre de mazout jusqu'à fin de l'année 2022 ;

– à introduire un gel temporaire de toute adaptation du loyer dans le sens d'une augmentation du loyer des logements à usage d'habitation telle que visée par l'article 3, paragraphe 5, de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation, et ceci jusqu'à la fin de l'année 2022 ;

– à introduire anticipativement au 1<sup>er</sup> août 2022 les adaptations concernant la subvention de loyer qui sont d'ores et déjà prévues au projet de loi 7938 relative aux aides individuelles au logement déposé en décembre 2021 et à adapter le montant mensuel maximal de la subvention de loyer à 400 euros pour les familles nombreuses du quintile inférieur ;

– à renforcer le « Top-up social » de la « Prime House » en étendant le nombre de ménages éligibles jusqu'au revenu correspondant au niveau de vie médian (décile 5) et en portant le montant maximal de la prime d'amélioration à 100 % de l'aide du régime PRIME House ;

– à mettre en place de nouvelles aides à la fois à court terme à hauteur de 225 millions d'euros pour les entreprises impactées fortement par la hausse des prix énergétiques, et à moyen terme pour supporter les entreprises en matière de transition énergétique et de décarbonation de leurs activités, en concordance avec les règles européennes sur les aides d'État ;

– à convoquer une nouvelle réunion du comité de coordination tripartite au cas où la situation économique et sociale venait à s'empirer au cours de l'année 2023.

(s.) Gilles Baum, Mars Di Bartolomeo, Yves Cruchten, Max Hahn, Josée Lorsché.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Loosst mech fir d'éischt meng Kolleegen entschëllefen, déi haut de Mëtten net kënnen hei sinn. Mir hu leider ... D'lescht Woch, mengen ech, war op dëser Säit vum Sall de Covid ausgebrach, dës Woch ass et déi aner Säit. Esou kënn jiddwereen drun. Et gëtt also nach eng kleng Gerechtegheet hei.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Eng gutt Besserung, Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ech hunn et nach net. Ech waarden nach drop, dass ech et och nach kréien, mee leider si véier vun eise Kolleegen haut net hei. Ech wollt dat awer soen, net dass d'Leit eidel Bänken hei gesinn a sech froen: Wou sinn déi?

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Mir wënschen hinnen eng gutt Besserung, dat ass dat wat, ech gemengt hunn, Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ech huelen hinnen dat mat. Merci, Här Premierminister.

Här President, mir hunn an dëser Tripartite also kee kompletten Accord fonnt. A wéi déi aner och, mee besonnesch mir als LSAP bedauern dat, well d'Situation verlaangt et vun eis, zesummenzeréckelen a Solidaritéit ze weisen mat deenen, déi am härteste vun deene sukzessive Krise betraff sinn, an alles ze maachen, fir déi richteg Equilibren ze fannen.

Loosst mech et och direkt soen: Et ass fir eis Partei net einfach, en Accord matzedroen, deen net vun alle Partner ënnerschriwwen gëtt. D'LSAP steet awer zu deem, wat d'Regierung proposéiert a wat zwou vun deenen dräi Gewerkschaften an och d'Patronat, déi mat um Dësch souzen, och matdroen.

D'LSAP kann dëse Moosnamen zoustëmmen, well engersäits – an dat ass mat dat wichtegst – de Leit mat klengem bis mëttlerem Akommes ënnert d'Äerm gegräff gëtt an op där anerer Säit och d'Entreprisë gehollef kréien.

Mir ënnerstëtzen dës Mesuren, well se verstänneg an ofgeséichert sinn an enger Zäit, déi dat sécher net ass a wou d'Onsécherheet fir d'Leit, mee och fir d'Betriber ganz, ganz grouss ass. Mir ënnerstëtzen dëse Moosnamepaquet, well de Staat hei méi wéi 800 Milliounen Euro an d'Hand hält, fir deene schaffende Leit, och de Pensionnairen an de Betriber, ze hëllefen, an domat d'Aarbeitsplazen ofsécheren.



Mir ënnerstëtzen dës Pak och, well e sozial ass. Jidder profitéiert vun dësen Mesuren – déi, déi manner verdéngen, méi wéi déi Leit, déi vill oder ganz vill verdéngen. Dat ass fir eis dee richteg Wee, dat ass sozial gerecht an dat verkierpert och d'Wärter, fir déi meng Partei steet.

Léif Kollegeinnen, Léif Kollegen, eng Tripartite kënnt ëmmer nees zesummen, fir am Dialog tëscht de Sozialpartner ze kucken, wéi mir zesummen op eng aussergewöhnlech Situatioun solle reagéieren. An d'Situatioun ass aussergewöhnlech, do ass, mengen ech, jiddere sech eens. D'Energiepräisser sinn op engem Rekordniveau. Nieft deem ville Leed an der Ukrain wäert eng Konsequenz vum Krich sinn, dass d'Energie an d'Liewensmittelpäisser an nach vill aner Präisser nach weider wäerten an d'Luucht goen, dass d'Liewerketten ënnerbrach ginn an Entrepreneuren net méi richteg schaffen kënnen.

Am selwechte Moment si mer nach ëmmer an enger Pandemie an och do gëtt et Ongewëssheete fir vill Betriber, wéi et dann herno weidergeet. Och wa mer finanziell als Staat gutt dostinn, sou kann een awer net maachen, wéi wann et all déi dote Problemer net géif ginn. Et ass also an dësen Zäite wichteg, de Leit mat direkten Hëlfelefen ënnert d'Äerm ze gräfen an den Entrepreneuren eng Planungssécherheet ze bidden. An dësem Kontext muss een also verstoen, wéi dee Mesurëpak, den d'Regierung elo grad am Detail presentéiert huet, zustane komm ass. D'Zil ass et ze verhënnern, dass duerch d'Inflatioun an hir Konsequenzen d'Betriber müssen hir Dieren zoumaachen an hir Mataarbechter souguer missten op d'Strooss setzen. Och dat muss mer verhënnern.

Dat geet einfach net, och net fir eng LSAP, déi sech ëmmer fir den Indexsystem staarkgemaach huet. An zu deem Index sti mir och nach haut. Ech wëll hei ervirhiewen, dass muer eng éischt Indexbranche fir dëst Joer erfält. A wéi hat de Mars Di Bartolomeo gesot: „Déi Indexbranche, déi ass a Béton gegoss.“

Vun Abrëll u kritt also jiddereen, den hei zu Lëtzebuerg schafft, 2,5 % méi a senger Pai respektiv senger Pensioun. Dat ass keng Selbstverständlechkeet. Lëtzebuerg ass dat Land op der Welt, wou dee beschten automateschen Ausgläich vum Kafkraaftverloscht besteet. Et ass awer nun emol esou, dass de Statec fir August eng zweet Indexbranche dëst Joer prognostizéiert. Dëst ass selbstverständlech just eng Hypothees, mee gesat de Fall, dës Indexbranche géif effektiv am August erfalen, da wier dëst nom Oktober an no der Indexbranche vu muer schonns déi drëtt Augmentatioun, déi d'Betriber a manner wéi zéng Meint missten iwwerhuelen. Well all Indexbranche 2,5 % vum Bruttosalaire ausmécht, wieren dat bal 8 % méi Chargé fir d'Entrepreneuren an engem dach ganz kuerzen Zäitraum. Dat ass effektiv fir eng ganz Partie Entrepreneuren net ze verkaaften.

Nawell steet d'LSAP zum Prinzip vum Index, fir de Kafkraaftverloscht vun de Leit ze kompenséieren, well dat ass de Grondgedanke vum Index. Wann d'Präisser iwwer ee gewëssene Montant klammen, da ginn d'Paieren och automatesch ugepasst. Dass mer zum Index stinn, erkläert och, firwat mer dës Moossnamen zoustëmmen. Hei kompenséiere mir nämlech dat, wat d'Leit duerch d'Verréckele vum Index e puer Meint laang net kréien. Fir déi ënnescht Salairesbranchen a Pensiounsbranchen gëtt souguer méi kompenséiert, wéi dat mam Index de Fall gewiescht wier. Bis zu engem Joressalaire vun 100.000 Euro kréien d'Leit also hire Kafkraaftverloscht kompenséiert, net duerch den Index, mee eben duerch e Steierkredit.

Ech hunn, Här President, probéiert, e puer Rechnungen ze maachen, fir e puer Beispiller ze ginn. Huet

mer et awer net iwwel, ech soen direkt, ech hat keng Zäit méi kritt. Ech war wéi jiddwereen haut zimmlech ënner Drock, ech hat keng Zäit méi kritt, fir déi nach iwwerpräieren ze looszen. Falls sech do also e Feeler ageschlaach hätt, huet mer dat net iwwel. Et ass net, dass ech Iech wëllt hei eng kréckelen, mee ech si mer zimmlech sécher, dass dat awer grosso modo misst stëmmen.

Als Beispill kéint een an der Steierklass 1 mat 50.000 Euro Joresgehalt, also 4.200 Euro de Mount brutto, net déi 56 Euro netto vum Index kréien, mee et kréich ee souguer 84 Euro de Mount duerch dee Steierkredit. Dat wieren also eng 28 Euro méi. Souguer wann een 68.000 Euro verdéngt, dat ass dann de Schluss vum zweete Quantile, géif een nach e puer Euro de Mount méi kréien, wéi ee mam Index kompenséiert kritt.

A wa meng Rechnungen stëmmen, da kritt de Mindestlounempfänger während dëse Meint souguer dat Duebelt netto eraus, wéi e just vun enger Indexbranche kritt hätt, nämlech 84 Euro amplat vun 42 Euro, quasi egal a wéi enger Steierklass. Do ännert et héchstens ëm en Euro.

Et sief awer och gesot, dass een ab enger Pai oder Pensioun vun ongeféier 70.000 Euro d'Joer lues a lues manner netto erauskritt par rapport zu enger Indexbranche. Bei 100.000 Euro ass, wéi gesot, da Schluss, da kritt een näischt méi. Et ass richteg, dass déi Leit, déi vill verdéngen, net vun dësem Steierkredit profitéieren. Mee och si kréie fir d'Joer 2022 eng Indexbranche ausbezuel. Och si profitéiere vun der 7,5-Cent-Präisreduktioun um Brennes an um Bensinn. Och si kréien d'Indexbranche, déi am August eventuell erfält, spéitstens am Abrëll 2023 ausbezuel. Den Index ass eng Mesure, déi d'Ekonomie bezilt. De Steierkredit, dee fält zulaaschte vum Staat, an dat kascht eise Staat vill Suen.

Ech wëll hei rappeléieren, dass deemools bei der leschter Indexmodulatioun kaum Mesuren agefouert goufen, fir den Indexausfall ze kompenséieren.

Nieft dem Kompenséiere vum Index ginn nach weider Mesurë geholl. Déi 7,5 Cent um Bensinn an um Mazout hunn ech jo scho genannt, mee och d'Loyerssubventioun geet ëm 50 Euro erop de Mount. Dat ass net vu Muttwëll bei eise verréckte Logementspräisser! An dëser Situatioun muss mer awer alles maachen, dass och jiddwereen, den dës Subventioun zegutt huet, se och kritt. An do ass nach ganz, ganz vill Loft no uewen!

Och dass d'Loyere bis Enn des Joers agefruer ginn, ass net vu Muttwëll an dësem Moment. D'PRIME House gëtt donieft opgestockt. Derbäi kommen nach Kompenséierung fir d'Studenten an d'Leit mam REVIS, déi et natierlech och schwéier hunn. An net zulescht ginn am Ganzen 225 Milliounen Euro Direkthëlfelefen un eis Entrepreneuren, fir dass si déi schwéier Meint, déi elo kommen, packen.

Wichteg ass och ze soen, dass, wann déi ekonomesch Situatioun sech am Joer 2023 nach géif verschlechteren, dann d'Tripartite op en Neits zesummekënn. Dat muss net sinn! De Statec geet den Ament dovunner aus, dass mer d'nächst Joer erëm eng méi normal Inflatioun wäerten hunn. Mee de Fall gesat a wann – wéi soen déi Däitsch? –, „wenn alle Stricke reißen“, da seet sech d'Regierung elo scho bereet, an deem Fall nach emol ze kompenséieren.

Domat hu souwuel d'Salarië wéi d'Entrepreneuren eng Garantie, dass se net wäerte gestréppt ginn. Hei verstoppt also keng Partei sech virun de Walen, grad de Contraire ass de Fall! Falls awer Berouegung ass an der Ekonomie, da muss mer och erëm zréck an d'Normalitéit. An nawell fonctionéiert de Lëtzeburger Sozialdialog. Et ass konstruktiv während dëser Tripartite matenee geschwat ginn. An déi Mesuren, déi elo um Dësch sinn, spigelen dat och erëm.

Mir bedauern, dass mer mam OGB-L, enger Gewerkschaft, där mir als LSAP ganz no stinn, hei net eens gi sinn. Den Index ass eng Errongeschaf, déi fir d'LSAP net dierf a Fro gestallt ginn. Dat gëtt en och net mat dësem Moossnamepak! Ech menge souguer, dass den Index heimadder ofgeséichert gëtt.

Attacken op den Index gëtt et bei all gudder Geleeënheet. D'LSAP huet sech nach ëmmer konsequent derfir agesat, dass dee Mechanismus erhale bleift. Wann d'Produktivitéit vun de schaffende Leit klëmmt an dëst eng allgemeng Präisdeierecht mat sech bréngt, da müssen d'Léin automatesch gehéicht ginn! Dat ass net nëmme gerecht, mee et stäerkt och grad déi Salarië mat wéineg Qualifikatioun a mat kleng Paieren, déi par rapport zu hirem Patron a méi enger schwächer Verhandlungsposition sinn.

Am Ausland müssen dës Leit dacks zu Dausenden op d'Strooss goen, fir herno eppes Klenges an der Pai bäizekréien. Bei eis geet dat automatesch. Den Index ass domat e ganz wichteg Element fir den Erhalt vum soziale Fridden.

Den Indexmechanismus gesäit awer och vir, dass d'Sozialpartner sech am Fall vun enger Kris un een Dësch setzen, wann d'Betriber am Kontext vun enger héijer Inflatioun riskéieren, duerch d'Erfale vun e sellegen Indexbranchen a Schwieeregkeeten ze geroden, soudass och Aarbechtsplazen a Gefor sinn. An an esou enger Situatioun si mer nun emol!

Wann haut net mat alle Gewerkschaften eng Eeneigung fonnt gouf, heescht dat net, dass eise Sozialdialog futti ass oder dass d'Tripartite um Enn wier. Als LSAP hale mir un dësen zwou Saache ganz fest, an et muss och an Zukunft probéiert ginn, mat alle Partner zesummen no Léisungen ze sichen, wann d'Situatioun dat erfuerdert. Dat war ëmmer eis Stärkt hei zu Lëtzebuerg an dat muss se och an Zukunft bleiwen.

Dir Dammien, Dir Hären, mir haten an eiser Geschicht schonns déi eng oder déi aner Katastroph. Mee haut si mer direkt mat zwou Katastrophe matenee konfrontéiert: d'Pandemie an dann och nach de Krich an der Ukrain.

Näischt maachen, géif eis eventuell an déi nächst Katastroph drécken, an dat gëllt et ze verhënnern.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Cruchten. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng) |** Här President, Dir Dammien an Dir Hären, Léif Memberen aus der Regierung, schonns zanter de 70er-Joren, zanter der Stolkris, déi ech als Kand materlieft hunn, ass de Sozialdialog e wichtige Pilier vun der sozialer Stabilitéit a vum wirtschaftlechen Erfolleg zu Lëtzebuerg. Dat wësse mer alleguer. An dowéinst hu mir als Gréng der Regierung virun dräi Woche felicitéiert, datt se d'Tripartite aberuff huet an den Dialog mat den dräi grouse Gewerkschaften, mee och mat de Verrieder vum Patronat opgeholl huet.

D'Zil war kloer: An dëser aussergewöhnlecher Kris ass et dréms gaangen, openeen zouzuegoen an en Accord zustan ze bréngen, den et sollt erlaben, den negativen Impakt vun dëser Kris souwuel sozial wéi och um Niveau vun de Betriber ofzefiederen.

Den Dialog huet gutt a konstruktiv ugefaangen an en huet laang gedauert. An nach virun enger Woch huet et staark duerno ausgesinn, wéi wann d'Verhandlungspartner sech alleguer op dee Moossnamepak géifen eenegen, dee se all zesummen an engem positiven

Toun a graffen Zich d'lescht Woch op enger Pressekonferenz virgestallt hunn. Leider koum et anescht!

Déi gréisst Gewerkschaft, den OGB-L, huet decidéiert, d'Boot ze verlossen, wat natierlech hiert gutt Recht ass. Gläichzäiteg ass dëse kategoreschen Neen awer och immens bedauerlech.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et wier e schéint Zeeche vu gemeinsamer Verantwortung a Solidaritéit gewiescht, wann den Accord am konstruktive Geescht vun alle Gespächspartner ënnerschriwwen gi wier. De Lëtzebuerger Sozialmodell wier als Gewënner aus dëser Tripartite ervirgaangen. A jo, och mir Gréng sti geschlossen zu dësem Sozialmodell.

Als gréng Fraktioun, mee och als Partei sti mir awer och weiderhi geschlossen hannert dem Moosnamepak, esou wéi mer e schonn de leschte Samschen op eise Kongress kommentéiert hunn. A mir begréissen ausdrécklech, datt den Accord am Sënn vun de Studentinnen a Studenten, mee och am Sënn vun de Beziéier vum REVIS nach verbessert konnt ginn am Laf vun de Gespächer. En ass besser wéi déi éischt Versioun.

Dee ganze Pak ass notament geduecht, fir d'Kafkraaft ze stäerken, fir den negativen Impakt vun deenen aussergewöhnlechen Präishaussen ze reduzéieren, besonnesch bei deene sozial schwache Schichten, a fir de Betriber Previsibilitéit ze ginn an awer och nohalteg Investitiounen finanziell ze ënnerstëtzen.

D'Moosnamen, déi elo iwwer e Gesetzesprojet op de Wee solle bruecht ginn, sinn exceptionnell an zäitlech limitéiert. Besonnesch wichteg ass fir eis, datt se sozial cibléiert sinn a kuerzfristeg wierken, ugefaange beim Index, engem bewäerten Instrument, deem seng Wuerzelen zréckginn op 1921 an deenen Markenzeich vum der Solidaritéit bäibehale gëtt.

Quitte datt dëst Joer just eng Indexbranche bezuelt gëtt an d'Ausbeuele vun der zweeter Tranche dann op d'nächst Joer verréckelt gëtt, esou gëtt de Mechanismus als solchen net a Fro gestallt. An dësen Zäiten ass dat e wichtegt Signal an engem Staat, dee sech „Sozialstaat“ nennt. An zu dësem Sozialstaat gehéieren och d'Betriber als Garant vu villen Aarbechtsplazen, woubäi ee jo muss wëssen, datt d'Indexmodulationen a Krisenzäite keng Ausnam sinn. Ech mengen, sämtlech Virriedner si schonn drop agaangen.

Wann ech mech net ieren, geet déi lescht Modulation zréck op d'Kris vun 2012, wou d'CSV/LSAP-Koalition nach d'Soen hat. Déi Modulation, och dat ass gesot ginn, gouf solidaresch mat enger grousser Majoritéit heibanne gedroen. A wa scho jiddweree vu sech selwer schwätzt, da kann ech och soen, datt déi gréng Fraktioun se och ënnerstëtzt huet, deemools nach aus der Opposition eraus.

Dir Dammen an Dir Hären, fir de Kafkraaftverloscht bei den Niddreg- a Mëttelverdénger net nëmmen ze kompenséieren, mee carrement iwwerzekompenséieren, gëtt mam virleiende Pak e Steierkredit Energie agefouert. Als Gréng hu mir esou e Kredit eigentlech scho virun der Tripartite gefuerdert an duerfir si mir ganz frou, datt déi Realitéit elo antrëtt.

An Zuelen ausgedréckt sinn dat 432 Milliounen Euro, déi eleng iwwert de Steierkredit bei deene Mënschen ukommen, déi d'Geld am meeschte brauchen. Vun esou enger Ënnerstëtzung, Dir Dammen an Dir Hären, oder besser gesot, esou enger Iwwerkompenséierung vun Kafkraaftverloscht kënnen d'Biergerinnen an d'Bierger an anere Länner nëmmen dreemen!

Här President, wann ee sech déi aktuell Entwécklung ukuckt, da weess een net nëmmen, datt de Portmonni vum Einzelnen an dëser krisbedéngter Kris extreem belaascht gëtt, da weess een och, datt de Portmonni

vum Staat, an anere Wierder d'Staatsfinanzen no de finanziellen Auswierkunge vun der Pandemie hir Limiten hunn, an datt nei Moosname kompatibel musse si mat der budgetärer Situatioun. An dowéinst ass et an eisen Aen net de Moment, fir mat der Géisskan iwwert d'Land ze fueren. Villméi muss d'Geld, wat mobiliséiert ka ginn, geziilt verdeelt ginn, fir datt et do ukënn, wou et am meeschte gebraucht gëtt.

Mat dësem Moosnamepak gëtt dat gemaach, mam positiven Nieweneffekt, datt d'Schéier tëschent Aarm a Räich méi kleng gëtt. Fir eis ass dat déi richteg Decisioun. Si geet Hand an Hand mat der Erhéijung an der Erweiderung vun der Allocation de vie chère, déi schonn en place ass. Se geet awer och Hand an Hand mat der geplangter Moosnam, de REVIS ze adaptéieren an de Studentinnen a Studenten eng zousätzlech Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen. All Respekt fir dës Decisioun!

D'Energiegeld als Top-up mat bis zu 400 Euro pro Menage ass eng weider wichteg Moosnam, déi schonn existéiert an déi an där ganzer Debatt och net därfer vergiess ginn. Leider ass dës Moosnam nach net genuch bekannt a kënn nach net bei alle Mënschen un, déi se onbedéngt brauchen. An dowéinst menge mer schonn, datt déi Moosnam nach méi promovéiert muss ginn an och da méi bekannt gemaach muss ginn. Meng Kolleegin d'Djuna Bernard huet eng Question parlementaire dozou gestallt.

Gläichzäiteg ass et an eisen Aen och wichteg, am ganz sensiblen Beräich vum Logement eng Rei Hiewelen a Beweegung ze setzen, nieft all deem, wat um Plang vum abordable Wunnengsbau a vun de Loyere scho souwiso gemaach gëtt.

Mam virleiende Moosnamepak geschitt dat esouwuel duerch d'Afréiere vun de Loyere wéi och duerch d'Erhéijung vun de Subventions de loyer, wou ech elo net nach am Detail drop aginn, well se scho kommentéiert gi sinn.

A jo, d'Präisser vun Diesel, Bensinn a Mazout sinn extreem héich a sinn an de leschte Wochen explodéiert. Déi zäitlech limitéiert Reduktioun vun 7,5 Cent um Liter ass geduecht, fir den absolute Peak bei der Präisexplosioun ze brieche. Am Géigesaz zum Ausland huet d'Koalition der staarker Präisentwécklung, déi duerch d'Ofhängegkeet vum Weltmarkt ze erklären ass, schonn zanter Jore virgebeugt. Och dat ass e wichtige Punkt. Se huet virgebeugt doduerch, datt scho laang vill Efforte gemaach ginn, fir d'Ofhängegkeet vun der Pompel ze reduzéieren.

De gratis ëffentlechen Transport ass agefouert ginn, an d'Biergerinnen an d'Bierger gi mat massive Subventionen beim Kaf vun Elektroautoen ënnerstëtzt. 40 % vun den Neiuschafunge sinn zanter ugangs des Joers Elektroautoen. D'lescht Joer waren et der 17 %. Den Trend geet also rasant no uewen, an dat ass e gutt Zeechen.

Net anescht ass et bei de Vëloen an E-Bikes, déi schonn an der Pandemie e reegelerchte Boom erlieft hunn a weeder Diesel nach Bensinn brauchen.

Dir Dammen an Dir Hären, och d'Energietransitioun gehéiert an dës Debatt, eiser Meenung no, well déi aktuell Kris ass jo virun allem d'Resultat vun eiser grousser Ofhängegkeet vu fossilen Energien, emol onofhängeg dovun, datt d'sozial Moosnamen a Klimaschutz zwou Säite vun der selwechter Medail musse sinn.

Carrement entscheidend fir d'Zukunft sinn déi sëllege Moosnamen, déi d'Energietransitioun beschleunegen a geduecht sinn, fir der Ofhängegkeet vun de fossilen Energien en Enn ze setzen. An dowéinst begrësse mer als Gréng ausdrécklech, datt d'Betriber

mam virleiende Moosnamepak ganz cibléiert bei nohaltegen Investitiounen ënnerstëtzt ginn, wuel wëssend, datt d'Betriber an der Pandemie extreem gelidden hunn an d'Präishaussé vum Material net einfach op de Client kënnen ofwälzen.

Scho virum Krich an der Ukrain stoung fest, datt eis Ofhängegkeet vu fossilen Energieimporten eis ugräifbar mécht, datt se eis Souveränitéit an eis Versuerungssécherheet bedrot. Déi energieetesche Transitioun ass dowéinst en Thema an der Tripartite gewiescht a se ass awer och e prioritäert Thema am Energie- an am Ëmweltministère, déi zesumme mat aneren essenzielle Ministère, notament deene vun der Économie, dem Mëttelstand an der Famill, e ganze Pak vun zéng Moosnamen op d'Schinn gesat hunn, fir d'Energietransitioun ze beschleunegen. Ech schwätze vum Gesamtkontext, an deem mer eis haut beweegen.

Zu deene Moosnamen gehéiert en neie Klimabonus, en neie sozial gestaffelten Top-up bei der PRIME House fir energieetesche Renovierungen, eng nei Energienorm fir Wunnegebaier an en neie Förderregime fir Elektroborne fir d'Betriber, dëst am Kader vum neie Klimapakt fir Betriber, deen nom ganz erfollegräiche Modell vum Klimapakt mat de Gemenge soll fonctionéieren.

Doriwwer eraus ginn d'Primme fir Elektroautoen an Elektrovëloen nach ausgebaut, während souwuel eng Klimaagence wéi och e Guichet unique geschafte wäerte ginn, fir d'Efforten ze bündelen an d'Ënnerstëtzungsoffere fir d'Biergerinnen an d'Bierger méi effikass ze gestalten, net ze vergiessen, datt d'Stroum- an d'Gaskäschte schonn duerch e schlaue Mechanismus reduzéiert konnte ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, nieft de kuerzfristige Moosnamen, déi d'Stëit an d'Betriber kënnen notzen, déi hinnen zeguttkommen a Bestanddeel vun der Tripartite waren, stellt d'Ëmsetzung vun all dësen anere Moosnamen den Haaptenjeu fir d'Zukunft duer. A positiv ass an deem Kontext, datt ëmmer méi Privatpersounen, mee virun allem och Betriber sech fir d'Energietransitioun interesséieren a selwer aktiv ginn. Si hunn den Zant vun der Zäit erkannt. Et sinn dës Betriber, déi d'Nues laangfristeg vir hunn, well se manner ofhängeg si wéi aner an och a Krisenzäite konkurrenzfähig bliwen.

Här President, elo wou d'Präisser vun de fossilen Energien explodéieren a wou eng autokratesch Muecht déi westlech Welt zur Geisel vun hiren Energië mécht, schwätze méi Argumenter wéi jee fir eng schnell, propper a sécher Energietransitioun als Garant vu Versuerungssécherheet, Gerechtegkeet a Friden. An dat ass de Gesamtkontext vun dëser Kris, iwwert dee mer musse schwätzen.

An zanter de russesche President eent vun de gréissten Atomkraftwierker vun Europa attackéiert huet, ginn et och méi Argumenter wéi jee, fir d'Atomkraftwierker definitiv ofzeschalten.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | An deem Sënn begrësse mir, datt d'Regierung hirer duebeler Verantwortung gerecht gëtt. Engersäits fiedert se den negative sozialen an ekonomeschen Impakt vun der Kris mat dëse geziilte Moosnamen of, mat de Moosnamen, déi mer haut presentéiert kritt hunn. Anersäits setzt se den Turbomotor a Beweegung, fir déi gréisst Eerausforderung vun der Zäit ze meeschten, an déi nennt sech: de Klimawandel bekämpfen a sozial Gerechtegkeet schafen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.



**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och ufänke mat engem grousser Merci un den Här Staatsminister fir seng Erklärungen, déi en eis haut hei ginn huet. An natierlech schléissen ech mech och ganz gär deem Merci u fir all déi aner Leit, déi Beamten a vill aner Leit, déi elo an deene leschten Deeg do geholle hunn, fir awer déi Verhandlungen ze féieren.

Et ass, wéi den Här Staatsminister gesot huet, wichtig, fir Solidaritéit ze weisen. Hien huet op de Krich an der Ukrain gexpillt, mee et muss een awer och e bëssen de Kontext gesi vun deenen Diskussiounen, déi mer an deene leschte Méint geféiert hunn. An et ass schonn eng Präisdeierecht ginn och virun dem 24. Februar, wou den Amarsch war! Dat heescht, mir sinn an enger Situatioun, wou vill méi Facteurs matspille wéi elo just de Krich. Et ass natierlech kloer, datt deen d'Situatioun mat Sécherheet net verbessert huet, mee a viller Hidsicht nach d'itelech verschlëmmt.

Et muss ee frou sinn, datt eist Land en Instrument wéi d'Tripartite huet. Dat Instrument huet eisem Land vill Déngschter gelescht. Aner Virriedner hunn dat scho rappeliert. Et ass e Forum, wou kann oppe mateneen diskutiert ginn, openee gelauschtert ginn, Kompromesser kënnen erreecht ginn. Et ass eng Plaz, wou Wäerter wéi Solidaritéit a Verantwortung gelieft an erlieft ginn.

Et ass awer och esou, an dat muss ech awer betounen, ech hunn elo de Moien, wéi vill vun Iech, och der Madamm Nora Back nogelauschtert an ech hunn net den Androck, datt mat dem OGB-L keen Accord méiglech gewiescht wär! Ech hunn éischter den Androck, datt ee vläicht hätt kënnen en Accord erreechen.

An dat ass eng éischt Fro, déi ee sech muss stellen: Firwat gesi mer eis elo, haut? Wou wär den Zäitdruck gewiescht, fir nach eng Ronn weiderzeverhandelen? Well et ass op jidde Fall emol meng Iwwerzeegung, datt en Accord méiglech gewiescht wär, och mat alle bedeelegte Parteien.

Et muss ee sech also froen: Wéi gëtt d'Tripartite agesat? Et ass en Instrument, an den Ae vun der ADR, zu deem mir eis och voll bekennen. Et ass wierklech en extreem wichtegt Instrument vum Sozialdialog. Dat Wuert vum Lëtzeburger Modell ass net iwwerdräwen. A mir hätten et och an der Pandemie kënnen vill méi gebrauchen! Déi Bipartitten, déi emol aberuff goufen, kënnen d'Tripartite net ersetzen. Et ass gutt, datt mer et elo gebrauchen. Mir sollen et awer gutt gebrauchen a mir sollen et och dacks gebrauchen, zemools well den Här Staatsminister jo gesot huet: „Kee vun eis weess, wat an nächster Zäit geschitt.“ Émsou méi wichteg ass et, datt mer dat Instrument eebe benotzen a valoriséieren.

Et kann awer d'Parlament net ersetzen! An do huet den Här Staatsminister Recht, wann e seet: „Ech huelen elo meng Verantwortung, ech proposéieren dem Parlament eppes“, well mir sinn als Parlament net do, fir einfach Decisiounen ze ratifizéieren, déi op anere Plaze geholl ginn, mee et ass hei, wou d'Decisioun geholl ginn. An deem Sënn ass dat natierlech och eng richteg Initiativ.

Ech hunn dem Här Staatsminister nogelauschtert, wéi e gesot huet: „Mir haten och aner Solutiounen proposiert, an déi si refuséiert gi vum OGB-L.“ An en huet do ugespillt op d'Energieprimm.

Mir hunn awer d'Madamm Back de Moien héieren, wou se gesot huet, datt wär gewiescht fir d'Residenten an net fir d'Frontalieren. An do muss een awer dann d'Fro stellen: Ass dat esou? Huet eis Regierung wierklech eng Léisung op den Dësch geluecht, déi d'Hallschent vum Salariat ausgeschloss hätt? A wa jo, wéi ass dat? A-wann dat wierklech de Fall war, ass et

da verwonnerlech, datt den OGB-L Nee gesot huet? Ech mengen, mir sinn eng Partei, déi elo natierlech net an där Verhandlungsrönn dobäi war an dofir musse mer och mat aller Virsicht dat huelen, wat déi eng an déi aner soen. Mir kënnen et net selwer direkt beurteilen, mee wann awer hei Propositionen vun der Regierung gemaach goufen, déi d'Hallschent vum Salariat ausgeklammert haten, da mengen ech, muss se eis awer erklären, firwat dat esou ass.

Den Här Premierminister huet gesot: „Mir annulléiere keng Indexbranche.“ Dat ass scho richtig, mee se ginn awer manipuliert. Et ass schonn eng Manipulatioun vum Index, déi mer hei hunn. D'Koalitionsparteien haten hei an der Chamber nach den 9. Februar eng Motioun virgeluecht, an där se gesot haten – an ech zitieren dat –, datt den automateschen Index, esou wéi am Regierungsprogramm virgesinn, misst verdeedegt ginn. Et ass elo keng wuertwäertlech ... Ech hunn dat elo ëmschriwwen, mee et ass de Sënn vun där Motioun vum 9. Februar.

Gutt, elo si mer e bësse méi spët, 50 Deeg méi spët ronn, an dat ass elo schonn net méi de Fall. Dat heescht, hei hunn d'Koalitionsparteien den 9. Februar en Text zum Index virgeluecht, an deem se d'Regierung opgefuerdert hunn, den Indexsystem ze verdeedegen, an haut mécht d'Regierung dat schonn net méi. Dat ass eng kuerz Liewensdauer fir e Versprieche vun de Koalitionsparteien.

Mir wëssen och, an dat ass eppes, wat mech wierklech elo gewonnen huet, den Här Cruchten ass heihinnerkomm an en huet e bëssen erkläert, firwat d'LSAP elo zu deem Accord steet. Mee et ass scho verwonnerlech, datt eng Partei, déi awer eigentlech jorelaang derfir plädéiert huet oder sech esou duergestallt huet, als wär se eebe fir déi kleng Leit am Land, d'Säite wieselt. Well wann ee vun enger Partei misst erwaarden, datt se fir den Index asteet, dann ass et jo d'LSAP. A si mécht dat awer net méi. D'LSAP kennt haut heihinner an erkläert Saachen, déi mir als ADR och kënnen novollzéien – ech kommen herno op d'Entreprises –, mee eng LSAP, déi hei an d'Chamber kennt a seet, datt se den Indexsystem net weider esou verdeedegt, dat ass schonn eng ganz verwonnerlech Saach.

D'Madamm Lenert ass heihinner als Vizepremier komm – ech erënnere mech nach ganz gutt – viru kuerzer Zäit, wou mer gefrot haten als Oppositionsparteien: „Wéi geet et dann elo viru mat der Präisdeierecht an esou weider?“ An do huet se gesot: „Ma ech verweisen op d'Tripartite, mir kommen elo zesummen.“ Dat war déi éischt Ronn vun der Tripartite.

An dann hu mer gelies, wat d'CGFP duerno gesot huet an d'CGFP hat geschriwwen do d'éischter Ronn, datt et hirer Positioun ze verdanke wär, der CGFP hirer Positioun, datt d'Regierung noginn hätt an den Index net nach méi gelidden hätt.

Mir stellen also fest: D'Regierung – an domadder och d'LSAP – wollt scho virun der éischter Ronn vun där Tripartite weider un den Index goen. Et ass d'CGFP, déi eis dat gesot huet, Här Cruchten.

Gutt. Wéi solle mer elo dorobber reagéieren? Ech wëll hei emol als éischt festhalen, datt d'ADR de System vum Index verdeedegt. A mir mussen eebe kucken, wéi mer elo déi Moossnamen hei bewäerten a wat elo dat Wichtigst ass. Mir wëllen och soen, datt déi Iddi vun der Regierung, fir hei eng Léisung ze fanne bis 2024 an doriwwer eraus, an eiser Analys awer och kloer eng Tentative ass, fir de Walkampf roueg ze halen un der Sozialfront. Mir hunn 2023 e Walkampf. Hei gëtt eis eppes proposiert, wat bis déi nächst Regierung soll bannen, bis 2024. Mir denken, datt mer och am Walkampf an och doriwwer eraus musse kënnen iwwert d'Entwécklung vun der sozialer Situatioun am

Land schwätzen, a mir behalen eis op jidde Fall vir, och dann iwwert den Index weider ze diskutéieren.

Mir hunn, wéi gesot, keng Detailer. Wat mer awer wëssen, dat ass eeben, datt et bis 2024 nëmmen nach eng Indexbranche pro Joer soll ginn, datt da kompenséiert gëtt. Detailer wësse mer nach net. Awer och d'Verleeë vun Indexbranche bedeit fir vill Leit e Verloscht an, wéi gesot, mir kënnen net elo direkt aschätzen, wéi wäit déi Crédit-d'impôt an esou weider gräifen. Déi Zuelen hu mer nach net.

Awer déi Zuelen, déi am Raum stinn ... D'Regierung seet, mir leeën 830 Milliounen op den Dësch. Mir stellen déi elo mol an Zweifel, well den Här Bettel huet jo och gesot, déi 65 Milliounen vum leschten Energie-dësch géifen do matgerechent ginn, wa mer dat da richtig gesinn. An den OGB-L schwätzt vum 900 Milliounen fir seng Propositionen. Do seet den Här Bettel, dat wär keng komplett Zomm. Gutt, mir loosse dat emol do stoen. Mee zwëschen 830 an 900 Milliounen, wann et nëmmen dat wär, do wäire jo warscheinlech och nach Kompromesser méiglech gewiescht.

Mir hunn eng Rei vun Argumenter héieren an de leschte Wochen, firwat den Index schwéier bäizebehalen wär, an do ass gesot ginn, et wäire vill Firmen hei am Land, deenen hir Mammenhaier am Ausland dat net géife verstoen, datt hei elo automatesch missten d'Salären ugepasst ginn. Dat Argument iwwerzeegt eis net an ech soen Iech och firwat: Well eng Firma, déi zu Lëtzebuerg investéiert, déi kennt eise Sozialsystem, déi weess dat. Mir verkafe Lëtzebuerg als Standuert mat deem Argument, datt eeben hei e soziale Friden ass, eng sozial Sécherheet wéinst dem Index. Dat heescht, dat ass eppes, wat mer als Verkaufsargument fir de Standuert Lëtzebuerg huelen, an net eppes, wat déi Firmen an déi Mammenhaier net wësst.

Déi automatesch Indexéierung ass eppes, wou mir wëllen dru festhalen. Déi 7,5 Cent manner um Bensinn, Diesel an esou weider – an déi si jo nach konditionéiert –, dat ass eng Dréps op de waarme Steen. An eisen Nopeschlänner gëtt vill méi gemaach. An et ass och esou, datt déi Präisser esou volatill sinn, datt déi 7,5 Cent dacks manner si wéi d'Variatioun vun de Sprittpräisser an engem eenzegem Dag.

D'Loyere gi blockéiert an d'Subventiounen eropgesat. D'Loyere gi blockéiert, fir de Wuerekerf roueg ze halen, mee d'Energiekäschte fir d'Proprietären an d'Locataire sinn eigentlech den Haaptproblem. An da kennt d'Regierung a seet: „Gutt, mir blockéieren d'Loyeren.“ Mee si hätten jo och kënnen ganz aner Saache maachen. Mir erënnere eis ganz gutt, datt d'TVA op verschidene Wunnengen vun 3 % op 17 % eropgesat gouf. Firwat net déi erm erofsetzen? Dat wär eng Mesure gewiescht, déi eeben effikass gewiescht wär an och vill Leit entlaascht hätt.

D'Entreprises, ...

(Interruption)

... an da kennt nach derbäi – an dat ass bis elo hei net gesot ginn –, datt d'Regierung jo plangt, d'Steiere weider ze erhéien. Mir wëssen elo schonn, datt d'Kuelendioxidsteuer op den 1. Januar soll vu 25 op 30 Euro pro Equivalenttonn Kuelendioxid gehéicht ginn. Dat heescht, an enger Situatioun, wou mer elo higinn a mir maachen Aschnëtter beim Index an esou weider, ass jo awer déi Linn vun der Regierung, fir d'Steiere weider ze héien, net a Fro gestallt. Dat muss een och wëssen. An déi Tankpräisser, déi gi jo dann nach weider an d'Luucht mat all deem Problem vu Verloscht u Konkurrenzäegkeet géintwärtig dem Ausland. Mir bleiwe bei där Theorie, datt mer wëllen, datt déi Kuelendioxidsteuer ofgeschaaft gëtt. Eis Transportentreprisé sinn e ganz wichtige Secteur am Land. Eis Bauere

leiden dorënner. An d'Regierung geet hin an erhöicht d'Steieren nach weider.

Mir hunn och gesinn, datt mer zu Bréssel zu deene Länner gehéieren, déi géint eng Deckelung vun de Stroumpräisser sinn. Och do wär et interessant fir ze wesse firwat.

Gutt, et gött esou vill Saachen, esou vill Schrauwen, un deenen hätte mer kennen dréinen, ier mer un deen Index gaange wären. Ech wëll just hei rappeléieren: D'Accisen an d'TVA op de Spritt hätte mer kennen drastesch erofsetzen, och op dem Gas an dem Stroum natierlech. Mir hätten d'Indexierung vun enger Kilometerpauschal kennen an d'A fassen. Mir hätten de Mindestloun steierfräi – dat ass eng Fuerderung, déi mer als ADR haten – kënne maachen. D'Allocation de vie chère, déi gött e bësse gehéicht. Dat ass eng gutt Saach. Mee d'Steiertabell un d'Inflation upassen, hätte mer kënne maachen. Mir héieren, dat wär ze deier. Ma da gitt eis emol déi Zuelen, wat dat kascht hätt!

Mee mir bleiwe bei där Fuerderung, datt mer gären eng automatesch Upassung vun der Steiertabell un d'Inflation hätten.

**Une voix** | Wat kascht et?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, mee mir froen: Wat kascht dat? Sot eis dat! Sot eis et! An dann d'Entreprises. 225 Milliounen ginn an d'Hand geholl fir d'Entreprises. Deen éischte Reflex, deen een do kann hunn, ass: Dat ass net vill! Well mir wëlle jo haaptsächlech, datt d'Entreprises an dese schwéieren Zäite kennen iwwerliewen a kënne weider kompetitiv produzéieren an datt d'Arbeitsplaz gerecht ginn. Dat ass jo dat, wat mer gär hätten. An da liese mer: 225 Milliounen. Bon, mir musse kucken, wéi déi elo agesat ginn. Mee dee ganze Revendicationskatalog vun der Fedil, do ass bal näischt gemaach ginn zënter dem Ufank vum Joer, fir deenen Entreprisë mat ville Problemer wierkelech entgéintzekommen. Mee eng Industriepolitik, dat sinn net nëmmen elo déi 225 Milliounen. Et ass ganz gutt, datt déi kommen, mee do ass esou vill, wat muss kommen.

Eis Entreprisë soen, si hätte Problemer mat deem Drock wéinst dem Liwwerkettengesetz. Si kréie keng qualifizéiert Leit op Lëtzebuerg, zum Deel och aus steierleche Grënn. Si soen: „De Schoulniveau fällt. Mir hu keen Nowues am Handwerk.“ Mir hunn als ADR gefrot, fir den Entreprisë Kompensationsmechanismen ze ginn, wa se Leit ausbilden, déi da bei de Staat ginn duerno. Mir musse bei der liewenslaanger Formation ... Mir hu Problemer bei den Industriezonen. Si hu keng Plaz fir sech auszedeeenen, fir ze wuessen. Si gi vun enger grénger Bürokratie gedierängelt, wa se wëllen iergendwies maachen. An natierlech brauche mer eng vernünftige Energiepolitik. Mee elo héiere mer, déi alternativ Energië ginn ausgebaut, mee wat bréngt dat eisen Entreprises? Déi Energieversuergung ass net zuverlässeg. Si brauchen zuverlässeg Energie, si brauche bëlleg Energie, fir kënne kompetitiv ze si géintwärt hire Konkurrenten.

Et ass dat, wat mer musse maache fir eis Entreprises. Mir brauchen eng seriö Industriepolitik, eng seriö Mittelstandspolitik. Dat gehéiert och zu de Moossnamen, déi mer sollen huelen.

Et geet einfach net duer, fir elo zu den Entreprises ze soen: „Dir kritt 225 Milliounen Euro an de Rescht vun eiser Politik gi mer net änneren.“ Déi ass einfach schlecht a mir hätte gär, datt déi daitlech besser gött. Et si jo Problemer mat de Präisser vun de Matière-première, bis elo hu mer heiriwwer ganz kuerz diskutéiert. Ech mengen, den Här Bauler hat dat gëschter eng kéier ugeschwat, mee wat mécht d'Regierung do? Dat sinn alles esou Saachen. Wat maache mer, fir eisen Export ze ënnerstëtzen?

Also fir d'ADR wëll ech dat e bësse probéieren, esou ze resuméieren, datt mer eis éischstens zum Indexsystem bekennen. A wa mer dann higinn a mir ginn elo hei, wéi d'Regierung dat proposéiert, Aschränkunge maachen, Manipulationen, Verlagerunge vum Index, da musse mer eis ëmmer froen: Wäre et net en anere Wee ginn, fir de Leit éischstens den Index ze erhalen an déi ekonomesch Situation vum Land doduerch ze verbesseren, datt mer vill fir d'Entreprisë géife maachen an d'Entreprisë géife méi massiv ënnerstëtzen, fir datt se och dee Käschtecoup vum Index kéinten droen an aushalen?

De Staat selwer muss léieren, datt en net dauernd derzou bäidréit, d'Liewe vun de Leit méi deier ze maachen. Ech hunn dat Beispill genannt vun der Kuelendioxidsteuer. A wéi vill aner Steiererhéijunge stinn am Raum, wou de Staat eigentlech profitéiert? D'Upassung, wéi gesot, vun der Steiertabell un den Index, alles dat si Saachen, déi mer musse maachen.

Mir hätte gär, datt mer weider verhandelen, well eist Zil kloer ass, datt mer net mat zwou Gewerkschaften en Accord hunn, mee wa méiglech mat dräi. A wéi gesot, mir sinn iwwerzeegt, datt eng Léisung méiglech gewiescht wär. Op jidde Fall war dat dee Message, dee mer de Moie ganz kloer héieren hunn.

Den Här Staatsminister huet gesot: „Mir wëssen net, wat geschitt. Kee weess, wat geschitt.“ Dat ass richtig. A well mer dat net wëssen, musse mer eebe permanent am Sozialdialog bleiwen a kucken, datt mer dat wichtegst Lëtzebuerger Instrument vun der Tripartite och esou benotzen, datt et ka säi Sënn erfüllen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen dem Här Kartheiser villmools Merci a ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här Präsident. Här President, mir sinn a ganz schwéieren Zäiten. Mir kommen aus zwee Joer Pandemieeraus, an deenen d'Wirtschaft méintelang stëllstoung respektiv am Ralenté gelaf ass. D'Staaten hunn dës Zäit iwwerbréckt mat massiven Hëlfelefen un d'Wirtschaft, fir d'Léin vun de Salariéen iwwert d'ëffentlech Budgeten ze finanzéieren, zu Lëtzebuerg mat Hëllef vum Chômage partiel.

D'Betriber hunn Hëllef kritt, fir lafend Käschten an Ausfall um Chiffre d'affaires ze kompenséieren. Honnerte vu Milliounen sinn esou un d'Betriber gefloss an domadder konnte si duerch dës Kris kommen.

D'Betriber hunn d'lescht Joer souguer d'gesetzlech Erhéijung vum Mindestloun vum Staat subventionéiert kritt a laang duerno froen hu se och net missen. Eng Partie Betriber haten et schwéier – jo, ganz kloer –, mee anerer hunn awer och Rekordzuele geschriwwen an der Pandemie.

D'Boursen hunn an der Pandemie nei Rekorder verzechent. Awer während deenen zwee Joer huet sech d'Logementskris weider zougespéit mat enormen Haussen op de Präisser vu 15 % d'Joer. Dorënner leiden d'Leit mat klengen a mëttleren Revenuen, déi sech net méi anstänneg logéiere kënnen. Fir Stéit bedeit dës Entwécklung eng Verschuldung op d'Liewen, finanziellen Drock, Existenzängscht. D'Léin gi säit laangem ëmmer mander duer, fir dës Deierecht ze stämmen. De Logement ass dowéinst zu enger sozialer Kris ginn, zu engem Ausgrenzungsfacteur fir déi eng, zu enger Geldddrockmaschinn fir wéineg anerer.

An deser scho schwéierer Zäit fällt dann och nach de Krich vum Putin an der Ukrain un, deen d'Präisser vun

der Energie explodéiere léisst. Déi enorm Haussen um Präis sinn net opgrond vun ausbleiwende Liwwerungen u Gas a Pétrol entstanden, mee duerch d'Spekulationen op dem Präis vun eben deem Gas a Pétrol. Doduerch ass d'Energie och zu engem soziale Problem ginn, dee wuessend Deeler vun der Bevëlkerung betrëfft, a fir Spekulanten ass se – ech widderhuele mech – zu enger Geldddrockmaschinn ginn.

Iwwer all deem schwieft d'Klimaverännerung, déi a villen Deeler vun der Äerd scho laang spierbar ass a mëttlerweil och hei ëmmer méi Effekter weist. Dëst ass déi grouss Menace, déi gréissten Urgence, déi iwwer eis all hänkt an déi bei all de politeschen Decisiounen mat berücksichtegt muss ginn. Alles aneres ass farlässeg. Déi aktuell Energiekris ass e Vorbote vun deem, wat kënnt. D'Klimaverännerung an d'Energietransition fale finanziell de schaffende Leit mat klengen a mëttleren Léin op de Kapp, wa sech net fundamental eppes ännert.

Här President, an deser multipler Kris, ríft d'Regierung elo d'Tripartite zesummen. Aus de leschte Jore wësse mir, datt d'Regierung d'Tripartiten dann aberífft, wann et soll ëm d'Kafkraaft vun de Leit goen, wann un der sozialer Schrauf sollt gedréint ginn. Dat war virun an no der Finanz- a Wirtschaftskris an de Joren 2006, 2013 an 2014 esou. Dann dierfen d'Gewerkschaften mat diskutéieren kommen, d'Messer op der Broscht.

Op d'Demande vu Gewerkschaften selwer oder och aus der Chamber eraus kënnt keng Tripartite zesummen an d'Patronat wëll ausserhalb vu Krisen och keng, well et och esou scho gutt zerwéiert ass. Och dës kéier war d'Faarf am Virfeld kloer annoncéiert. Op den Index gouf sech ageschoss. D'Patronat huet dëst scho Woche virun als Wonsch geäussert, d'Regierung – an dat ass och séier kloer ginn – wëll deem Wonsch och entsprechen. D'Resultat ass eng Indexmanipulation. Punkt.

Duerch de Report vun enger nächster Indexbranche an e potenzielle Report vun enger weiderer Tranche d'nächst Joer geet Kafkraaft verluer, well d'Deierecht iwwert d'Léin net kompenséiert gött. Well dat ass Sënn an Zweck vum Index. Et ass keng – an ech widderhuele et: keng – sozialpolitesch Mesure! Et ass en Instrument, fir de Verloscht vu Kafkraaft ze kompenséieren, fir der Entwärtung vun de Léin entgéintzewirken an derfir ze suergen, datt dat, wat déi schaffend Leit erwirtschaften, och zumindest zu engem bescheidenen Deel als Loun bei si zréckfléisst an net ëmmer méi an de Profitter lant.

Duerch Indexmanipulationen an der Vergaangenheet ass scho Kafkraaft verluer gaangen. Gekoppelt un eng Stagnation bei der Lounentwécklung insgesamt féiert dëst no an no zu enger Entwärtung vun de Léin. Parallell féiert d'Desindexierung vu Sozialprestationen an d'Netupassung vun der Steiertabell no an no zu engem weidere Kafkraaftverloscht bei ville Stéit, déi dat och opgrond vun hirem Revenu elo scho spieren.

D'Konsequenze kenne mir: wuessend Ongläichheeten an en Aarmutstaux, dee bei eisen Nopeschlänner sengesgläiche sicht. De Staat spréngt da sougenannt „selektiv“ an, verzicht am Géigenzuch op Steiere vun de Stéit mat de klengsten Revenuen a féiert sougenannt „cibléiert“ Hëlfelefen an, déi Stéit am Géigenzuch fir eng Demande a Paperassekrich kënne kréien. Den universelle Sozialstaat gött ëmmer méi zum minimalisteschen Nachtwächterstaat, dee just am Noutfall aspréngt, fir fir déi sozial Kollateralschied opzekommen, déi vun deem Laissez-faire an enger op de kuerzfristige Profit ausgeluechter Wirtschaft ausgeléist ginn.

Oder fir et méi einfach ze soen: D'Betriber gi bei Loun- an Energiekäschten dechargéiert a kréie weider staatlech Hëlfelefen an de Staat soll d'Rechnung



iwwerhuelen. Déi multiple Kris, déi ech am Ufank ëm-rass hunn, ass vun der Regierung radikal vereinfacht a reinterpretiert ginn. Et geet drëm, d'Käschte bei de Betriber ze reduzéieren an d'Käschten dofir vun der Allgemengheet offederen ze looszen.

Här President, den eigentleche Grond, fir eng Tripartite ze organiséieren, si jo wuelverstanen déi héich Energiepräisser. Datt dës ausseruerdentlech Situation benotzt gëtt, fir strukturell un der Lounschauf ze dréinen, ass ganz bedenklech. Et weist eis, datt och bei enger LSAP den Enjeu hei net erkannt ginn ass a se d'Gewerkschaften, a vir ewech den OGB-L, einfach hänke gelooss huet.

Dofir si mir och bestierzt doriwwer, wéi einfach hei d'Klimakris an den Hannergrond verschwanne gelooss ginn ass an d'Fro vum Klimaschutz total lass-gelést vu sozialen an ekonomesche Froen ofgespeist gëtt. déi gréng fale beim éischte Géigewand ëm a loosse sech zu enger ondifferenziierter, sozial verfeelter an ekologescher irresponsabeller Subventionéierung vum Spritt un der Pompel hiräissen.

*(Brouhaha)*

7,5 Cent bedeuten an der aktueller Deierecht näischt. Si ass säit der Annonce schonn eng Kéier komplett opgefress gi vu weideren Haussen op der Pompel.

*(Coups de cloche de la présidence)*

De Leit mat vill Suen ass de Präis egal. De Leit mat wéineg Suen deet de Präis wéi, ob mat oder ouni dës Subventionéierung. 7,5 Cent betrëffe jiddwereen d'selwecht. Sorry, ma dat ass awer mat der Géisskan, léif Grénger! Dat ass sozial wéi ekologesche problematesch wéi all Tax oder Aide, déi „flaach“ ass, also onofhängeg ass vun all sozial- oder ëmweltpolitescher Iwwerleeung. Ronn 75 Milliounen Euro fléisst bis Juli an eng ondifferenziert Subventionéierung vum Spritt an dat ouni all novollzéibar Zilssetzung. Déi eenzeg wierklech Profiteuren heivunner si Betriber a besonnesch déi, déi och nach Aidé kënnen kréien – bis zu 30 % vun den Energiekäschten.

*(Brouhaha)*

Als Verglach: Mir stëmmen de Mëtteg hei e Gesetz, an dat huet näischt mat der Tripartite ze dinn, ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... well dat war schonn am Virfeld virprogrammiert, iwwer PRIME House. De Montant, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift, e bësse méi roueg.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | ... deen de Staat an energeetesche Sanéierung ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Mir musse méi haart schwätzen, Här President, soss héiere mer eis net.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Di Bartolomeo, d'Madamm Cecchetti huet d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Madamm Cecchetti, ech entschëllege mech.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Sou, an elo schwätzt nach just een, an dat ass d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Passt op d'Zäit op, déi ass weidergelaf.

**M. Fernand Etgen**, Président | Jo.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | De Montant, deen de Staat an energeetesche Sanéierung an Erneierbarer am Logementsberäich gestach huet zënter 2017, also säit méi wéi fënnf Joer, läit bei 73 Milliounen

Euro géint 75 Milliounen Euro, déi mer bis Juli ausginn. Donieft hu mer eng allgemeng Deierecht ze verzechnen op Produits de base, notament op Brout, op Iesswueren, awer och op Hygiènesartikelen. Datt d'Regierung awer da grad decidéiert, fossill Energien ze subventionéieren an all aner Produits de base net, dat ass zwar e fataalt Signal!

Derbäi kënn och, datt mer onofhängeg vun den Diskussiounen am Ausland de Sprittexport erëm kéinte méi lukrativ maachen. Donieft bedeit d'Struktur vum Sprittverkauf zu Lëtzebuerg, datt de Gros vun dësem Montant vu 75 Milliounen Euro an d'Ausland exportéiert gëtt; subventionéiert Ofgase fir ganz Europa, en gros. Dës Measure ass insgesamt symptomatesch fir dës Regierung, déi zillos an ouni grouss Iwwerleeunge Mesuren ergräift a sech dobäi andauernd selwer widder-sprécht. D'Remise um Spritt entsprécht en gros dem Montant, deen d'Taxe carbone als Méipräis bedeit.

déi gréng kënnen hire Prestige-Projekt „CO<sub>2</sub>-Steier“ esou bäibehalen, mee budgetär schafe se se emol e puer Méint of. D'LSAP wollt net un den Index goen, geet awer drun, mee nennt et awer net esou an all-gnéiert sech ëmmer méi op d'Sozialpolitik vun der DP.

Déi eenzeg, déi mat hirer Linn hei roueg weiderfuere kënnen, ass dann och nach d'DP. Selektiv Sozialpolitik fir Stéit an déi schaffend Leit, fir déi, déi et wierklech brauchen an dat dann och beleet kënnen a mussen. Hëllef fir d'Betriber mat der Strenz, ouni groussaarteg Selektioun. Hei gëtt einfach ausgedeelet. Fir de Rescht bleift alles beim Status quo. D'PRIME-House-Aidé ginn haut hei an der Chamber ugepasst, ouni datt sech un der Grondproblematik eppes ännert. Stéit mat kleng bis mëttlere Revenuen, ob Proprietären oder Locatairen, riskéieren, verstärkt an der Energiefall ze setzen.

De Gel vun de Loyerer hu mir ëmmer erëm gefuerdert. Deen hätt net dierfen ofgeschafft gi bei deem éischten Hoffnungsschimmer während der Pandemie. „D'Kris ass eriwuer“, huet de Logementsminister Kox gemengt an eis bal ausgelacht an der Chamber, wéi mir de Gel verlängert wollten hunn. Mir wëssen, wat duerno nach komm ass: déi drëtt a véiert Covidwellen, duerno déi klammend Energiepräisser am Hierscht, elo de Krich an der Ukrain a weider Haussé bei den Energiepräisser. Dem Logementsminister wäert d'Laache vergaange sinn. D'Proprietäre konnten hir Loyererhéijungen elo e Joer laang maachen. De Gel ass deenen elo relativ egal, nei Locatiounen si souwisou net betraff.

Här President, mir waren net bei de Verhandlungen derbäi a kennen d'Detailer an d'Zuelen net. Mir ginn dowéinst och net op d'Detailer an an ech muss och soen, datt et problematesch ass, hei eng Debatte ze féieren iwwer en Accord, deen am Detail net virläit a bei deem mir eis op Zuele beruffe mussen, déi deelweis widderspréchelech an der Press zirkuléieren.

Wat fir eis, Stand elo, awer kloer ass: Dem proposéierten Accord kënnen mir net zoustëmmen. E stellt eng net méi recuperabel Reduktioun vun der Kafkraaft duer a stellt absolut keng Weich, fir an Zukunft soziale Klimaschutz ze bedriewen. Mir sinn also erëm beim neoliberale „business as usual“ ukomm. De grouse solidareschen Elan vun der Pandemie ass definitiv fort. Déi Kleng bezuelen erëm fir déi Grouss. Dobäi sinn et d'Stéit mat kleng Revenuen, déi un der aktueller Explosioun vun den Energiepräisser am meeschte leiden.

Här President, wéi hätte mir als déi Lénk an dëser Situation reagéiert? Als éischt emol hätte mir et als dat gesinn, wat et ass: eng Energiekris, an domadder och kee Grond, fir strukturell Lounpolitik ze bedriewen. Mir wieren also net un den Index gaangen. Mir hätten an éischter Linn emol un déi Leit geduecht, déi am allerstärkste leiden an hätten Expulsiounen

an Dekonnexiounen verbueden. Déi éischt Hëllef huet d'Regierung guer net um Schierm.

Mir hätten e besteierbaart Energiegeld un all Stot ausbezuelet, fir insgesamt op d'Deierecht ze reagéieren, déi déi grouss Majoritéit vun der Stéit ganz ënnerschiddlech trëfft, och déi, déi manner op fossill Energien direkt ugewise sinn, mee d'Präisser indirekt awer mat bezuele mussen. Mir hätten net all Betrib ënnert d'Äerm gegräff, well déi allermeeschte sinn net op eemol net méi profitabel, just well zwou Indexranchen erfalen. Well wann dat esou wier, dann hätte mir jo keen esou grouse Wuesstum ze verbuchen. Déi Rekord-recetté si jo awer am Staatsbudget erëmzefannen. Mir hätten awer all deene Betriber cibléiert gehollef, déi a puncto Energiekäschten oder aner Deierechten a Schwieregkeete kéinte kommen, an dat u Konditiounen geknappt, wat d'Aarbeitsplatzgarantien ugeet.

Mir hätten erkannt, an dat scho laang virdrun, datt et d'Immobilienkris ass, déi d'Haaptlaascht ass zu Lëtzebuerg fir ganz vill Stéit a ganz vill Betriber d'ailleurs och. Do kommen déi meescht Käschten hier. Et ass do, wou d'Präisexplosiounen am heefegste sinn an d'Stéit an d'Aarmut drécken a besonnesch méi kleng Betriber séier un d'finanziell Grenze stousse looszen. Mir wieren net direkt ëmgefall am éischte Géigewand wéi eis sougenannte „Klimaregierung“, wou sech de Premier mat de Ressortministern zwar ëm de Lead bei Klimapolitik zerklappt, de Klimaschutz awer scheinbar wäit ënnen op der Prioritéitslëscht steet.

Mir hätten d'energeetesche Renovatiounen scho viru Joren zur Prioritéit gemaach an déi Stéit viséiert, déi scho säit Laangem an der Energiefall setzen, déi elo mat Vehemenz zouschleift. Mir hunn doriwwer eraus scho Modeller ausgeschafft. Den Energieminister kennt se d'ailleurs schonn. Bei dëse Modeller steet d'Recht op Energie an d'Unerkennung vum Grondbedarf un Energie am Zentrum. Mir gesinn dowéinst hei och d'Noutwendegkeet vun der Aféierung vun engem gedeckelte Sozialtariff bei der Energie fir de Grondbedarf an am Géigenzuch héich ekologesche Tariffer, fir d'Verbëtzten och ze bestrofen.

D'Iwwerféiere vum Energiesektor an den ëffentleche Besëtz ass fir eis eng zentral Prioritéit fir d'Zukunft, well mir wëssen, datt de liberaliséierten Energiemarché Spekulationen favoriséiert, déi eis haut esou schwéier trëfft an och kee Fundament fir eng sozial gerecht Energietransitioun ka sinn. Dat sinn immens grouss Eerausforderungen, déi en enorm héijen ëffentlechen Invest bedeiten, och an anere Beräicher wéi an der Mobilitéit.

D'Äntwert op dës Eerausforderung ass fir eis eng aner Steierpolitik, déi ganz héich Revenuen, Gewënner op Kapital a Profitter vu Betriber méi héich besteiert. Et si Betriber a Leit mat vill Patrimoine – an ech soe mat ganz vill Patrimoine – a ganz héije Revenuen – an ech soe ganz héije Revenuen –, déi am meeschte konsuméieren an Zärgasen ausstoussen. Si méi héich ze besteieren ass ekologesche sënnavoll a sozial gerecht. Et ass genuch do fir jiddwereen, et läit just un der Ëmverdeelung.

A soulaang mir an där Logik funktionéieren, datt ee kuerzfristeg ganz héich Profitter muss generéieren, ännert sech absolut näischt an d'Klimakris ännert sech doduerch och net.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Premier huet virdru

gesot „Solidaritéit“ an „et huet e Präis“. Jo, Solidaritéit ass wichteg. Jo, mee wann et solidairesch soll sinn, muss et och wierklech solidairesch sinn.

Wierklech solidairesch ass, wann et eng sozial Selektivitéit gëtt, a grad deen Tankrabatt, deen hei proposéiert gëtt, ass alles anescht wéi sozial selektiv. De Porsche-Besëtzer kritt 77 Cent op 100 Kilometer an de Polo-Besëtzer 27 Cent an den Elektrofuierer null, guer näischt. Dat ass keng sozial Selektivitéit. Eng Propos vun enger forfaitaire Subsidieierung wär warscheinlech méi einfach gewiescht ze erklären a wär warscheinlech méi selektiv gewiescht. Mee d'Regierung huet sech hei decidéiert, fir mat der Strenz iwwert d'Autofuierer a virun allem iwwert déi Autofuierer mat deenen décken Autoen a Motoen ze goen, a grad dat an enger Klimakris, hale mir als Piraten fir irresponsabel.

Dann: „Et huet e Präis.“ Jo, et huet e Präis. Mee ech sot et elo grad: De Schued um Klima gëtt einfach net chiffriert. Mee och dee Präis wäerten déi zukünftige Generatiounen ze bezuelen hunn, mee dee gëtt hei einfach ewechgewëscht.

Jo, mir hunn eng Energiekris. Mee dat heescht net, dass mer d'Klimakris däreifen ignoréieren, well wa mer elo d'Klimakris ignoréieren, da wäert et an e puer Joer ëmsou méi kaschten. A genau dat ass et nämlech och, wat geschitt duerch dat Verschiebe vum Index. Jo, mir verschiben elo dann am Hierscht eng Indexbranche, mee wat geschitt da wierklech, wann et herno net eng Indexbranche ass, déi verschiebt gëtt, mee zwou oder dräi? Dann huet eng nei Regierung 2024 direkt d'Herkulesaufgab, fir 7,5 % Kafkraaftverloscht ze kompenséieren. Dat wäeren nämlech dräi Indexbranchen. Dat ass d'Vermächtnis, dat dës Regierung géif där nächster iwwerloossen.

Do freet ee sech da schonn, ob se wëllen nach eng Kéier an där nächster Regierung sinn, well da musse se dee Problem nämlech upaken. Ä voir!

An dann iwwert d'Zuelen: Mir schwätzen hei ganz vill iwwer Zuelen. De Premier nennt ganz vill grouss Zuelen, ganz vill Milliounen-, Honnerte-Milliounen-Beträg, mee Konkreetes si mer fir d'ëischte Kéier gewuer ginn, wéi mer als Eischt dem Yves Cruchten nogelauschtert hunn an duerno d'Motioun vum Gilles Baum gelies hunn, wou Rechebeispiller dra sinn, an deenen dann op eemol genau genannt gëtt, wat da schlussendlech soll an deem Pak dra sinn.

Well wéi ech dem Premier hei op der Tribün nogelauschtert hunn, hat ech e bëssen esou d'Gefill, wéi wann ech sonndes moies eng Kéier d'Télee ugemach hätt an ech hätt net opgepasst an ech wär um Shoppingkanal gelant. Alles super, alles perfekt, a wann ech gelift rufft direkt un, kaaft d'Kaz am Sak. Dat war e bëssen d'Gefill, dat ech hat.

Mir krute ganz grouss Montante genannt, bei deenen ech deelweis agesinn, dass et eppes kascht, mee den Detail, dee war awer seelen dënn. Deementspriedend war ech erfreet, wéi den Yves Cruchten eis e Rechebeispill ginn huet. Ech war dunn awer e bëssen erschreckt, wéi ech an der Motioun vum Gilles Baum en änlecht Rechebeispill gesinn hunn, an dat Rechebeispill war awer dann e bëssen anert a kouw u sech zum Schluss, dass een ab ronn 3.500 Euro brutto am Mount eebe grad keng Surcompensatioun huet, dass een ab 3.500 Euro brutto de Mount an enger normaler Kompensatioun ass, tout juste nach. A bei der Tranche bis 68.000 Euro d'Joer, do géif eng Indexbranche brutto 141 Euro de Mount ausmaachen an et géife 76 Euro netto kompenséiert.

Wann Der mer elo wierklech sot, dass een, deen 68.000 Euro d'Joer verdéngt, iwwer 45 % Steiere géif bezuelen op deem Index, da sinn ech awer paff, erstaunt, wéi vill Steiere Leit mat 68.000 Euro d'Joer géife bezuelen.

Deementspriedend gëtt bei 68.000 Euro d'Joer net emol méi den Index kompenséiert. A vun enger Surcompensatioun soll heibanne wannechgelift kee schwätzen, et sief dann d'Zuelen an der Motioun vum Gilles Baum wäer komplett falsch. Mee et sinn déi eenzeg Zuelen, déi dës Chamber bis elo presentéiert krut. An da verstitt Der, firwat ech mech fille wéi um Shoppingkanal, wou eis d'Kaz am Sak verkaf soll ginn.

An dann zur Remise vum Pétrol. Ech sot et schonn: D'Klimakris gëtt gläichzäiteg wéi en Deel vun den Accisen einfach emol ofgeschafft. Et ass sozial ongerecht, well wie wierklech mengt, dass de Porsche-Chauffeur mat sengem Porsche Cayenne 77 Cent op 100 Kilometer muss rembourstéiert kréie vum Staat, während deen, deen e Polo firt, 27 Cent kritt ... Wien dat sozial gerecht fënnt, ma ech mengen, deen huet vu sozialer Gerechtegkeet nach net vill héieren.

An dann: Dass et esou wäit kënnt, dass mer déi lescht Joren hei alles gemaach hunn, fir Elektromobilitéit ze subsidéieren, wou d'Madamm Lorsché hei op der Tribün gesot huet, mir sollten déi Leit belounen, déi Betriber, déi schonn de Schrëtt no vir gemaach hunn, déi Betriber, déi hir Flotten elektrifizéiert hunn, natierlech mat Subsidien. Mee déi ware fir jiddwereen do. Déi Betriber, déi also schonn e Schrëtt a Richtung Klimaneutralitéit gemaach hunn, kruten am Ufank vum Joer gesot: „D'Chargy-Borne kaschte méi, bal 30 % méi.“ Dat war den 1. Januar. Déi kréie keng Kompensatioun.

Par contre kréien déi Betriber, déi weiderhin op fossill Brennstoff gesat hunn, elo e Kaddo gemaach. Besser wär also och hei erëm eng gedeckelt forfaitaire Subventioun gewiescht, oder, wat eng aner Pist gewiescht wär, fir d'Salariéen ze treffen, wär, d'Frais-de-déplacements ze erhéien, eppes, dat Objet vun zwou Motiounen heibanne war, déi allen zwou, souwuel déi vun der CSV wéi déi vun de Piraten, heibanne refuséiert goufen.

Mir kéinten natierlech och esou wäit goe wéi aner Länner a soen: Ma wann et wierklech drëm geet, fir d'Logistikbranche ze schützen, ma da kéinte mer och e Gasoil professionnel aféieren. Da kéinte mer Diesel professionnel aféieren. Da kéinte mer derfir suergen, dass mer en anere Präis hu fir de professionellen Notze wéi dee fir d'individuell Mobilitéit. Och dat wär eng Pist gewiescht, fir méi selektiv ze sinn. Och hei huet sech dës Regierung entscheet, zesumme mat deene Partner, déi da schlussendlech ënnerschriwwen hunn, fir mat der Strenz iwwert d'Mobilitéit ze goen an net selektiv ze sinn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer dann iwwert den Index schwätzen, dann hunn ech awer e bëssen d'Gefill bei alle Sonndesrieden, déi gehale goufen, wéi frou a wéi houfreg mer allegueren op den Index sinn, deen ëmmerhin de Garant fir de soziale Fridden ass. Ech mengen, dat gouf hei vu jiddwerengem gesot, an et ass ee vun den Aspekter, déi mer dobausse verkafen, mat deem mer Betriber op Lëtzebuerg unzéien. Mir soen de Betriber, déi international op Lëtzebuerg kommen: „Ma zu Lëtzebuerg muss Der Iech keng Suege maachen, dass all zwee Joer d'Gewerkschafte streiken, well se gäre 5 oder 6 % méi hätten, well mer eng automatesch Lounupassung hunn.“ A genau un där automatescher Lounupassung, déi u sech de Garant fir soziale Fridden ass, gëtt elo gefréckelt.

Also, wann dës Regierung sech als Frënd oder Verteider vum Indexsystem opspilt, dann ass dat och e bëssen eng Mogelpackung. De Staat mécht nämlech, an dat ass dat Kokast bei där ganzer Geschicht ... Wann d'Zuelen oder d'Vesprieden, déi de Premier hei gemaach huet, géife stëmmen, da géif de Staat jo u sech den Index surcompenséieren ab dem Hierscht.

Ma wa mer d'Suen hunn, fir den Index ze surcompenséieren, da kéinte mer et jo anescht maachen, anstatt dass mer e bei den individuelle Leit surcompenséieren oder kompenséieren, woubäi ech dat nach eng Kéier a Fro stellen, ob déi Zuelen tatsächlech esou stëmmen. Et kéint ee jo dann och soen: „Ma mir halen den Index ganz normal weider a mir kompenséieren dat eebe grad bei de Betriber, wa mer déi Suen dann hunn.“

*(Interruption par M. Xavier Bettel)*

Ze behaapten, dass den Index ze réckelen alternativlos wär, ass also, mengen ech, liichtsënneg an oniwuerluecht. En plus ass Är Rechnung, an dat sot ech, an eisen Ae falsch, sous condition dass ... Dir kënnt mer elo soen, dass d'Motioun falsch ass. Dann huelen ech dat zur Kenntnis. Mee wa mer dat einfach duerchrechnen, kommen ech nach eng Kéier zum Schluss, dass mer hei Leit ab 3.500 Euro brutto de Mount bei d'Lisette loossen. Do maache mer Indexklau. Do gëtt et keng Surcompensatioun an et gëtt och net emol méi eng Kompensatioun. Wien eppes anescht behaupt huet, entweeder aner Zuelen ... oder déi Zuelen, déi d'Chamber hei presentéiert krut, si falsch.

Domadder wäer mer hei ugeflunkert ginn. Wéi de Premier gesot huet, Zitat: „Kee Menage wäert maner Kafkraaft hunn.“ Ech hunn d'Gefill, dass hei erëm dräi verschidden Aiden an een Dëppe gepucht ginn, Verschiddener, déi et scho virdu gouf, anerer, déi scho virdu beschloss waren an eeben elo dann nach den Index, deen derbäigerecht gëtt, fir iergendwéi dozou ze kommen, dass d'Kafkraaft an d'Luucht gaange wär. Jo, mee mir schwätzen net iwwert déi Aiden, déi scho beschloss goufen. Mir schwätzen haut iwwert déi nei Saachen, an do muss ech einfach soen, dass mer déi Zuelen net novollzéie kënne mat deenen Donnéeën, déi bis elo presentéiert goufen.

Et wär jo einfach gewiescht: D'Regierung hätt jo kënnen déi Zuele vu viraner der Chamber matbréngen an net eis op eng Pressekonferenz um fënnf Auer vertréischen, während dës Chamber siegéiert. Mir goufe vertréischt op Detailer, déi presentéiert ginn, während d'Chamber zesummen ass. Also ech weess net, wéi et Iech geet, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mee et probéiert ee jo awer, den Debat ze suivéieren an net gläichzäiteg eng Pressekonferenz ze kucken.

Bon. Ech kéint elo nach weiderfuere mat Kritik, mee et soll ee jo och Propose maachen, konstruktiv Propose maachen a weisen, dass et net nëmmen ass, fir dergéint ze sinn, mee dass een och ka weisen, wéi eng Pisten een hätt kënnen aschloen.

Eng Pist, déi d'Piraten scho méi wéi eng Kéier ugeschwat hunn, wär ganz konkret, en Investitiounsprogramm opzeleeën, fir dass all Dag all Privatstot kéint eng Solar-, eng PV-Anlag op den Daach kréien. Da misst de Staat do mam gudden Beispill virgoen. Dat géif eis Onofhängegkeet vum russesche Gas a Pétrol sécherlech acceleréieren.

Dann eng Chargy-Prim: Änlech wéi mer et maache fir déi, déi mat fossille Brennstoffe fuere, misst mer u sech déi Leit encouragéieren, déi mat Elektro fuere, grad fir déi, déi schonns ëmgestallt hunn.

Da firwat net Saachen, déi schonn a Motiounen heibanne presentéiert goufen: d'Frais de déplacement erhéien, eng Energieprim, fir d'Urgence ze kompenséieren oder, soyons fous, d'Steiertabell upassen. Mir sinn an deenen Debaten dran. Esou wéi elo aner Saache virgezu ginn, hätt een och déi Diskussioun kënne virzéien.

A wann een doriwwer schwätzt, da kéint een och driwwer nodenken, fir d'Chèque-repasen ze indexéieren, well genau do spieren d'Leit d'Käschteendeierecht haut direkt bei der Mëtteschmier. Well fir 10,80 Euro eppes



iessen ze goen, ... also an der Stad ass dat schwiereg, wann ee sech eenegermoosse gesond wëllt ernären.

Am Resümee: Et ass gutt, datt den Outil vun der Tripartite genotzt gouf. Mee et soll een dann och kucken, fir jiddwereen am Boot ze halen an ech mengen, datt d'Chamber muss associéiert ginn an net virun e Fait accompli där gestallt ginn. Duerfir begrëssen ech d'Initiativ, datt mer eng Spezialkommissioun solle kréien.

D'Resultater vun dëser Tripartite sinn nawell mitigéiert an, muss ech elo soen, wéineg couragéiert, a wat de Klimaschutz ugeet, definitiv e Schrëtt no hannen. Dës Chamber huet déi lescht Woche méi wéi eng Propos gemaach, déi et net an d'Propose vun der Regierung gepackt huet an net an d'Konklusiounen vun der Tripartite.

Fir eis ass kloer: Et dierf net op d'Käschte vum Index goen. An dat ass och de Grond, firwat mer u sech relativ negativ agestellt sinn zu deene Konklusiounen, déi hei bis elo presentéiert goufen. Mir zweifelen d'Éierlechkeet oder d'Veracitéit vun enger Rei Zuelen un. Mir sinn der Meenung, datt ee méi wäit hätt kënnen goen, méi couragéiert a virun allem méi sozial gerecht hätt kënnen virgoen. An duerfir bedauern ech e bëssen déi Resultater, déi erauskomm sinn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier a Staatsminister Xavier Bettel.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Merci, Här President. Ech soen och den Orateuren alleguerter Merci. Ech hunn e wichtege Rendez-vous, wann hei de Vott bis duerchgeholl ass, Här President, hunn ech Iech gesot. Ech ginn en Accord ënnerschreiwe mam Patronat, ech ginn en Accord ënnerschreiwe mat zwou vun dräi Gewerkschaften. Dat weist, dass en Accord méiglech war. Et ass kee kompletten Accord mat all de Sozialpartner, wéi mer eis et gewünscht hätten, mee et ass awer eng responsabel Haltung.

An duerfir, erlaabt mer, dass ech hei all de Riedner vun der Majoritéit, mee awer och dem Här Roth als Member vun der gréisster Oppositionspartei wëll Merci soen. Mir wëssen ... All déi, déi hei deen Accord och verteidegt hunn, wëssen, dass et net drëms geet, populär ze sinn, mee responsabel ze sinn. An dat ass och eng Responsabilitéit, déi mer an der Politik hunn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Premierminister. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

#### **Motion 1**

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun, déi zu dësem Punkt nach deposéiert ginn ass. Wëllt nach eent d'Wuert zu der Motioun ergräifen? Den Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här Chamberspräsident. Merci och dem Staatsminister. Mir hunn déi Motioun gekuckt. Mir hu kee Problem mat deem éischten Tiret, deen an der Substanz seet, dass déi Moossnamen, déi vun der Regierung proposéiert sinn, vum Patronat a vun deenen zwou representative Gewerkschaften akzeptéiert ginn. An de Staatsminister huet jo gesot, dass en och déi Accorden elo ënnerschreiwe geet, fir deem zouzestëmmen. Mir hunn e Wuert ginn an dozou sti mer.

Ech hunn awer och gesot, dat musst Der verstoen: Mir hunn dat elo presentéiert kritt, mir hunn doropshin direkt misse reagéieren. Op der zweeter Säit stinn eng Hellewull vun Detailler. Et sinn eenzel Orateuren, déi dorobber agange sinn. Dir musst verstoen, dass mer do net kënnen eng Kaz am Sak huelen an dass mer géifen d'Majoritéitsparteien invitéieren, op déi Tireten, déi op der zweeter Säit sinn an déi an den Detail vun de Moossnamen ginn, ze verzichten. Sollt dat de Fall sinn, géife mer deem zouzestëmmen.

### **3. Dépôt d'une résolution par M. Gilles Roth**

Wann ech d'Wuert hunn, Här President, hunn ech och gesinn, dass de Parteipresident vun der CSV, den Här Wiseler, eis eng Resolutioun iwwerreicht huet, wéi mer se gefrot haten, fir eng Kommissioun „Tripartite“ anzusetzen. Déi dréit d'Ënnerschrëft vun de Leit aus der CSV, vun der DP, vun de Sozialisten, vun deene Gréngen, vun der ADR, vun de Piraten a vun déi Lénk. Dat heescht, mir hätten hei eng unanime Resolutioun fir eng Commission parlementaire „Tripartite“ anzusetzen, gemäss dem Artikel 21 vun eisem Règlement. An ech géif mer erlaben, Här President, Iech déi ze iwwerginn. Domat kéint nämlech déi Kommissioun direkt agesat ginn a se kéint och direkt hir Aarbechten ophuelen, onofhängeg vun der nächster Plenarsitzung, déi normalerweis jo eréischt Enn Abrëll wäert sinn, dat heescht no der Ouschtervakanz.

#### **Résolution 1**

*La Chambre des Députés,*

– *vu la déclaration gouvernementale relative aux résultats des discussions avec les partenaires sociaux dans le cadre des travaux du Comité de coordination tripartite, faite par M. le Premier Ministre, Ministre d'État, au cours de la séance publique du 31 mars 2022 ;*

– *vu l'annonce de l'introduction d'un projet de loi « Omnibus » visant à mettre en œuvre les résultats de cette tripartite,*

*décide*

– *d'instaurer, conformément à l'article 21 de son Règlement interne, une commission spéciale « Tripartite » dont la mission consiste à analyser le projet de loi prémentionné.*

(s.) Gilles Roth, Gilles Baum, Myriam Cecchetti, Sven Clement, Yves Cruchten, Fernand Kartheiser, Josée Lorsché.

### **4. Déclaration gouvernementale relative aux résultats des discussions avec les partenaires sociaux dans le cadre des travaux du Comité de coordination tripartite, suivie d'un débat (suite)**

#### **Motion 1 (suite)**

Also jo zu der Motioun mat Ausnam vun deem Detail a selbstverständlech och eise Jo zur Resolution.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci dem Här Roth fir säin Input. Ech mengen, dass déi Motioun, déi mer deposéiert hunn, vläicht e bëssen ze ambitiéis war. Ech wollt mech net domat zefridde ginn, fir just den éischten Tiret ze schreiwen. Dat wier mir a mengen Ae vläicht e bëssen ze mann gewiescht.

Mee wa mer eis awer kënnen eens ginn, dass mer déi Motioun akzeptéiere mam éischten Tiret, dat heescht, mir akzeptéieren déi Motioun esou, wéi se op där éischter Säit steet a mir huelen d'Detailler aus der zweeter

Säit net a Consideratioun, well jo déi Pressekonferenz, an där eng Rei Detailler elo wäerten erkläert ginn, elo um fënnef Auer wäert sinn, mengen ech, de Kollege vu menger Fraktioun kënn mat op de Wee ze ginn, dass mer déi Motioun, esou wéi et elo proposéiert ginn ass vum Här Roth, dann esou géife stëmmen, dat heescht, just déi éischt Säit vun der Motioun consideréieren.

An da fir d'Resolutioun soen ech Merci och, dass mer dat esou séier an d'Weeër geleet kréien, well effektiv déi nächst Chambersëtzung Enn Abrëll ass. Do géife mer, mengen ech, wäertvoll Zäit verléieren a mir sollten eis wierklech hei alleguerter zesummen un d'Aarbecht maachen.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum. Dann huet de Premierminister d'Wuert gefrot.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Mir sinn dankbar, wann déi Kommissioun esou séier wéi méiglech kann tagen, well de But vun der Regierung ass, dass esou séier wéi méiglech ka legiferéiert ginn. Mir wäerten an den nächsten Deeg Texte-de-loie preparéieren. Do ass och vill Aarbecht um Niveau vun deene verschiddene Ministèren. A mir si frou, wa mer elo net bis Enn Abrëll waarden, fir do eréischt eng Kommissioun zesummenzesetzen, mat den Aarbechte kënnen unzefänken.

An dann nach e klengen Detail: Wann ech Majoritéits- oder Oppositionsdeputéierte wär, géif ech och déi Resolutioun, déi d'CSV deposéiert huet, stëmmen. Dat war déi Fro, déi virdu gestallt gi war.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Premierminister. Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, ech wollt just zur Motioun e Wuert soen. Mir wäerten déi net matstëmmen, well mer eeben der Meenung sinn, datt et aner Weeër gi wär, fir an dëser Situatioun verantwortungsvoll ze reagéieren. Een dovunner hunn ech genannt gehat: d'Entreprise méi staark ënnerstëtzen, fir datt mer den Indexsystem kënn behalen, esou wéi e funktionéiert. An dofir kënn mir och dësen Text dann eeben net matdroen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech hunn a menger Ried gesot, datt mer déi Motioun och net kënn matstëmmen, net nëmme weinst deenen Tireten op der zweeter Säit, mee u sech och weinst dem Tiret op der éischter Säit. Dat heescht, ech si mat all de Constaten averstanen, déi d'Majoritéit mécht. Ech mengen, ech begrëssen och, datt d'Tripartite zesummegeruff gouf. Mee ech si mat deene Konklusiounen net averstanen. Mir kënnen déi Indexmanipulatioun an deen Indexklausur hei net mat ënnerstëtzen. An duerfir wäerte mer dergéint stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement. Sinn nach weider Wuertmeldungen do? Soss kënn mer zum Vott vun der Motioun mat deenen Ofännerunge kommen, wéi se vum Här Roth proposéiert ginn ass a vum Här Gilles Baum guttgeheescht ginn ass.

#### **Motion 1 modifiée**

*La Chambre des Députés,*

– *constatant le contexte international tendu et son lot de conséquences, dont entre autres le renchérissement du coût des matières premières et des prix de l'énergie ;*

– constatant que l'augmentation du coût des matières premières et la hausse généralisée des prix de l'énergie pèse considérablement sur les ménages et les entreprises ;

– saluant l'adoption d'un paquet conséquent de mesures au bénéfice des ménages et des entreprises dans le cadre de l'« Energiedesch » ;

– saluant l'initiative du Gouvernement d'inviter les partenaires sociaux à une réunion du Comité de coordination tripartite ;

– rappelant que le Comité de coordination tripartite, institué en tant qu'organe de concertation en temps de crise, fait partie intégrante du modèle économique et social luxembourgeois ;

– considérant le paquet de mesures tel qu'il a été élaboré par le Gouvernement et approuvé par les délégations du patronat et de deux syndicats représentatifs au niveau national ;

– considérant l'envergure historique de ce paquet, le coût des différentes mesures de soutien aux ménages et aux entreprises étant estimé à plus de 825 millions d'euros auxquelles s'ajoute un régime de garantie sur les prêts accordés par les banques aux entreprises éligibles qui ont des besoins en liquidités en raison des conséquences économiques de l'agression de la Russie contre l'Ukraine, d'un volume de 500 millions d'euros ;

– relevant que ce paquet de mesures négocié répond à l'objectif de vouloir garantir la paix sociale au Luxembourg en limitant l'impact et la pression inflationniste sur les ménages et les entreprises ;

– approuvant que le système actuel d'indexation des traitements, salaires, pensions rentes et autres indemnités n'est pas mis en cause ;

– considérant le déclenchement de la tranche indiciaire pour le mois d'avril 2022,

invite le Gouvernement

– à mettre en œuvre, dans les plus brefs délais, les mesures telles qu'elles ont été proposées par le Gouvernement et approuvées par les délégations du patronat et de deux syndicats représentatifs au niveau national lors de la réunion du Comité de coordination tripartite du 30 mars 2022, et plus précisément.

(s.) Gilles Baum, Mars Di Bartolomeo, Yves Cruchten, Max Hahn, Josée Lorsché.

#### Vote sur la motion 1 modifiée

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass mat 51 Jo-Stëmmen a bei 8 Nee-Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : la motion 1 modifiée est adoptée par 52 voix pour et 8 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gusty Graas), MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Tess Burton), M. Dan Biancalana (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten,

Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. François Benoy), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Iwwert d'Resolutioun géife mer dann zum Schluss vun der Sitzung ofstëmmen, well fir d'Zesummesetzung vun der Kommissioun feelen eis nach zwee Nimm. Wa mer déi dann eranhunn, da géife mer dat dann zum Schluss vun der Sitzung maachen.

Dëse Punkt ass domadder ofgeschloss.

## 5. Dépôt de deux motions par M. Fernand Kartheiser

Ech géif dann d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser gi fir den Depot vun zwou Motiounen.

### Exposé

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), auteur | Jo, Här Président, mir hu jo a leschter Zäit ganz vill iwwert de Krich an der Ukrain geschwat a mir hunn eis dann och Gedanken gemaach bei der ADR, wat mer elo kéinte maachen, fir d'Ukrain ze ënnerstëtzen. A mir wollten haut eng Partie Propositionne maachen, konkret Propositionen.

Déi eng ass, dass mer am Staatsbudget géife proposéieren, am nächste Staatsbudget schonn, fir en Neesopbaufong fir d'Ukrain mat virzegesinn. Dat gëtt um europäeschen Niveau schonn envisagéiert. Mir denken, mir sollten och national op dee Wee goen an esou e Fong an d'Plaz setzen, dee mer dann och herno kënnen ëmsetzen.

An eng zweet Initiativ, déi mer elo wëlte proposéieren, meng Kolleegen an och anerer nach, dass, dass mer sollte kucken, dass mer déi politesch Relationen tëschent Lëtzebuerg an der Ukrain stäerken an dass mer dann och op de Wee ginn, soubal dat eeben erëm méiglech ass, fir och eng bilateral resident Ambassade vu Lëtzebuerg zu Kiew opzemaachen. Dat sinn zwou Propositionen, déi ech Iech heimadder wëlt iwwerreechen.

Villmools Merci.

### Motion concernant le fonds pour la reconstruction de l'Ukraine

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, dass

– de Krich an der Ukrain an den nächste Joren e risegen Neesopbau wäert viraussetzen,

ass sech bewusst, dass

– dësen Effort zu engem héije Bedarf un internationaler Expertis an internationalem Kapital wäert féieren,

fuert d'Regierung op,

– en Neesopbaufong fir d'Ukrain an Héicht vun 100 Milliounen anzeiichten;

– sech bei sämtlechen Efforten am Kader vum Neesopbau vun der Ukrain enk mat de Lëtzeburger Industrie- an Handwerksverbänn, den Acteuren vun der Finanzplaz souwéi den entspreche Berooffskummeren ze koordinéieren.

(s.) Fernand Kartheiser.

### Motion concernant l'ouverture d'une Ambassade du Luxembourg à Kiev

D'Chamber vun den Deputéierten,

dorëm beméit,

– déi bilateral Relationen tëschent Lëtzebuerg an der Ukrain ze verstärken;

– en Zeeche vu politescher Solidaritéit mat der Ukrain ze setzen;

– de Reseau vun de lëtzeburgeresche diplomatesche Vertretungen a wichtige Partnerlänner auszebauen,

fuert d'Regierung op

– esou séier ewéi méiglech eng resident Lëtzeburger Ambassade zu Kiew opzemaachen.

(s.) Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser.

## 6. Question élargie n° 132 de Mme Francine Closener au sujet du rapport sur l'éducation au Luxembourg 2021

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass d'erweidert Fro Nummer 132 vun der Madamm Francine Closener iwwert de Bildungsrapport vun 2021. Dem Auteur vun der Fro sti fënnf Minutten zou, fir seng Haaptfro ze stellen an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro, an d'Regierung huet zéng Minutten. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Villmools merci, Här Président. Ech géif mer wënschen, dass mer och iwwert deen nächste Sujet mat esou enger Vehemenz an esou engem Engagement diskutéiere wéi iwwert den Accord vun der Tripartite, well d'Bildungspolitik ass op d'mannst gradesou wichteg fir d'Zukunft vun eisem Land.

Här Président, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Bildungsschëier geet weider auserene. Dat ass eng Ausso, déi zanter Joren a Jore wéi en Damoklesschwäert iwwer eise Schüler, eiser Schoul, eiser Gesellschaft hänkt an och am leschte Bildungsbericht vun 2021 nees confirméiert gëtt.

Och an deem Rapport gëtt vun den Experten nees festgestallt, dass Schüler a Schülerinnen aus sozioökonomesch defavoriséierte Millieuen, wou en plus doheem weeder Lëtzeburgeresch nach Däitsch geschwat gëtt, déi gréisste Problemer hunn.

Ganz vill vun hinnen hu ganz jonk am Cycle 2 oder 3 am Fondamental schonn esou e Retard, dass deen decisiv ass fir hir ganz Schoulkarriär am negative Sënn. Esou hu se sech an de leschten dräi Joer an alle Kompetenzberäicher verschlechtert. Si si vill méi schlecht duerch d'Pandemie komm. Hir Defiziter sinn nach méi grouss ginn, während Schüler aus besser gestallte Famillje sech an der sanitärer Kris souguer zum Deel nach verbessert hunn.

Ech wollt duerfir haut vum Minister wëssen, wéi en deem entgéintwirke kann. An enger éischter Pressekonferenz no den Épreuves standardisées, déi jo och eng Grondlag si fir de Bildungsbericht, huet sech de Minister am Allgemenge berouegt gewisen. Opgrond vun de Resultater deemools hat Dir, Här Minister, awer och ugekënnegt, dass verstärkt beim „Deutsch Hörverstehen“, mee och insgesamt bei de Sproochen géif ugesat ginn. Wéi fällt de Bilan elo aus? Wat ass konkret an de Schoulen elo ugepaakt ginn?

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Sproochen ugeschwat: Se si wuel den Haaptgrond vun den Echecken an eeben och vun de Bildungsongerechtegkeeten an eisem



Schoulsystem. An hei sollen an hei wäerten déi international Schoule jo och mat hirem adaptéierte Sproochenunterricht entgéintwierken, e Sujet, op deem ech herno nach wäert zrëckkommen a menger Interpellation.

Déi Fro, déi sech an deem heite Kontext awer stellt, ass déi, a wéi enger Sprooch d'Kanner dann alphabetiséiert solle ginn. Wier hei och net de Choix tëscht Däitsch a Franséisch déi besser Variant? D'fréi Sproochförderung ass mat Sécherheet eppes Positives, well d'Kanner am jonken Alter jo vill méi licht nei Matière, méi nei Sproochen och kënnen ophuele wéi mir elo heibannen.

Et gëtt jo Pilotprojeten an e puer Gemengen am Enseignement fondamental, fir d'Alphabetiséierung op Franséisch anzeféieren. Mee wann eis Alphabetiséierung, eise Schoulsystem bis op Weideres nach weider esou staark op där däitscher Sprooch opbaut, misst dann net och eng Frëiförderung op Däitsch, an net déi franséisch Sprooch, onbedéngt traitéiert ginn? Oder béides?

Här President, de Lëtzeburger Bildungssystem liwwert keng adequat Äntwerte fir déi sozial Diversitéit vum Land, schreiwen d'Experten am Bildungsbericht. Och wat d'Orientéierung ugeet, gëtt et kloer Defiziter vum eise Schoulsystem. De sozialen Hannergrond vum Jonke spillt hei beispillsweis beim Iwwergang vum der Grondschoul an de Secondaire eng bedenklech Roll. Esou sinn am virleschte Schouljoer Jugendlecher aus sozial aiséierte Famillen zu 72 % an den Enseignement classique orientéiert ginn, aus sozial benodelegte Famillen waren et just 16 % vun de Jugendlechen. Dat ass also en Ënnerschied vu 56 %.

Méi erschreckend awer nach, méi schlëmm wéi des Zuelen u sech, ass awer folgend Ausso vum de Bildungsfuerscher: Géif ee reng déi ënnerschiddlech Schoulleeschunge betruechten, läit den Ënnerschied just nach bei 15 %. Dat heescht, et ass en Ënnerschied vu 40 Prozentpunkten, dee reng op de Background an net op d'Leeschtung vun de Schüler zrëckzuféieren ass.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat ass a mengen Ae ganz einfach inakzeptabel. Duerfir froen ech de Minister, wéi hien deem Fakt vun enger gewëssener Diskriminierung géigeniwwersteet a wéi en deem entgéintwierkt. Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Kanner, esou wëllt een, esou kann een och probéieren, dem strukturelle Problem entgéintzetrieden. Am Fong misst een awer och soen: ënnerschiddlech Methode fir op ënnerschiddlech Schwächen a Stärken richteg ze reagéieren.

Verschiedener vun hinnen ze trennen, bréngt dat de gewënschten Effekt? Ech weess et net. Villméi muss ee se am Grupp ënnerstëtzen, se individuell stärken. Verschiede Schüler brauche bei där enger oder aner Matière déi gewësse Portioun Ënnerstëtzung méi. Chancégerechtkeet heescht eeben net jiddereen dat selwecht, mee jiddereen déi selwecht Chance. An an deem Kontext wëllt ech nieft där genereller Fro, wéi den Här Minister méi Chancégerechtkeet an eise Bildungssystem wëllt erabréngen, och nach eng Kéier froen, wou déi professionell a gratis Nohëllef drun ass. Dir hat eis e Konzept versprach. Ass et fäerdeg? Da géife mer et ganz gär gesinn!

D'Chancenongerechtkeet an eise an duerch eise Schoulsystem muss endlech der Vergaangenheet ugehéieren. D'Chancégerechtkeet muss Alldag ginn. Wann de Minister an déi Richtung agéiert, kann en op eis Ënnerstëtzung zielen.

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Mammad Closener. D'Regierung huet d'Wuert, den Här

Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech weess wierklech net, wéi ech mech elo richteg soll andeelen de Mëtteg. Mir hunn zwou Froen an eng Interpellatioun zu Theemen, déi sech awer ganz staark, denken ech, iwwerschneiden.

Ech fänken einfach emol un.

Déi Constaten, déi d'Francine Closener hei nach eng Kéier widderholl huet, déi zum groussen Deel am leschte Bildungsbericht, awer och an deene Rapporte virdrun, jo, heiansdo an de Bildungsetüde vu Joerzénge virdru schon opgedeckt goufen a gestallt goufen, déi interpelléieren eis. Also ech denken, datt et ëmmer nees derwäert ass fir ze kucken, wou mer stinn a wat mer aneschtens kënnen maachen.

Datt eise Schoulsystem et net fäerdegbréngt, aleng eeben Ongläichheeten ze evitéieren, datt en et net fäerdegbréngt, datt Ongläichheeten an der Gesellschaft net op déi nächst Generatioun weiderverierft ginn, dat ass eng Realitéit hei zu Lëtzebuerg zanter den 1960er-Joren, wou mer dat wëssen an awer och a quasi allen anere Länner, wou änlech Bildungsetüde gemaach ginn, sécherlech awer nach eng Kéier méi ausgeprägt hei zu Lëtzebuerg, well mer awer och eng aner Situatioun hunn: dee sozioekonomeschen Hannergrond, dee staark duerchschrëit, awer och de Migratiounshannergrond, dee staark duerchschrëit.

Mat enger ganz staarker Migratioun hei zu Lëtzebuerg wirkt dat nach emol méi déifgräifend a mat enger Situatioun, an där ganz dacks déi zwee Facteuren, de Migratiounshannergrond an de sozioekonomeschen Hannergrond, och nach cumuléiert oprieden, ass dat och nach eng Kéier eng ganz besonnesch Erausforderung.

Mir sinn an engem Land, dat och déi lescht Joren nach eng Kéier eng däitlech Progressioun an der Migratioun erlieft huet. Ech wëll Iech duerfir emol am Ufank vun dësen zwou, dräi Stonnen, an deene mer iwwert déi Sujeten hei wäerte schwätzen, einfach nach eng Kéier duerleeën, wéi d'Situatioun da wierklech sech an eise Schoulsystem presentéiert, wat d'Migratioun ubelaangt.

Mir hunn, iwwert déi lescht Jore gekuckt, ronn 3.000 Kanner am Alter vum Fondamental, vum Cycle 1 bis 4, an am Alter vum Secondaire, déi hir Sclaritéit an engem anere Land ugefaangen hunn, déi pro Joer bei eis kommen. 3.000 Kanner! Dat mécht iwwer 3 % aus pro Joer vun eise Schüler, déi also vu bausse bei eis erakommen, déi mer müssen, als Primo-arrivantë souzoeen, an eise Schoulsystem integréieren bei déi 3 %, déi dat Joer virdrun, bei déi 3 %, déi zwee Joer virdrun, bei déi 3 %, déi dräi Joer virdru schon integréiert goufen, soudatt mer herno tëscht engem Véierel an engem Drëttel vun de Schülerinnen a Schüler leien, déi hir Sclaritéit an engem anere Land ugefaangen hunn a se hei da mussen weiderféieren.

Dat ass eng Situatioun, wéi keen anert Land se kennt. An duerfir schreiw jo och Bildungsfuerscher am Bildungsbericht vun enger Hyperdiversitéit, déi mer hei hunn, wou mer sécherlech mat anere Prinzippien och müssen drun erugee wéi dat vläicht an anere Länner de Fall war oder wéi et vläicht virdrun och hei zu Lëtzebuerg de Fall war. Duerfir ass d'Regierung jo och aner Weeër gaange mat zum Beispill den effentlechen internationale Schoulen. Dat kann net déi eenzeg Äntwert sinn, mee et ass eng aner Äntwert, well nëmmen nach méi vun deem selwechten ze produzéieren, dat wär sécherlech déi falsch Äntwert gewiescht.

Dann hu mer eng multikulturell Situatioun an eise Schoulen, där och net mat einfache Rezepten ze begéinen ass. Jo, mir maachen och Pilotprojeten, mer schaffe ganz konkret drun, zesumme mat véier Schoulen a véier verschidde Gemengen, och begleet vun der Uni.lu, fir eng fakultativ Alphabetiséierung och op Franséisch méiglech ze maachen. Eppes, wou laang geschafft ginn ass. Et war virun 20 Joer an engem Regierungsprogramm. Et wollt keng Gemeng matmaachen dee Moment. Mir hunn et agefouert mat den europäesche Klassen, an deenen een dat ka maachen, well mer eis dee Moment wollte baséieren op e Modell, dee seng Preuv gemaach huet, deem existéiert, bei deem et e Curriculum gëtt, bei deem et Enseignanté gëtt, déi dat kënnen ënnerriichten.

Déi Erfahrung hu mer gemaach a mir wëllen elo e Schratt méi wäit goen, bei deem d'Elteren da kënnen, sécherlech mat Orientatiounen a Gespréicher, optéiere fir eng ganz klassesch Alphabetiséierung op Däitsch – do ännert sech also näischt – respektiv dee selwechte Léierprogramm, an deem just d'Sproochen inverséiert ginn, fir dann op Franséisch alphabetiséiert ze ginn. An da kënnt duerno als zweet Sprooch déi däitsch Sprooch bäi, fir duerno am Cycle 4, 4.2 um selwechten Niveau ze sinn an dann eng Orientatioun an de Classique oder an de Général kënnen ze kréien.

Dat ass den Esprit dovunner. Do wäerte mer dat begleet loossen. Mir wäerten de Projet och evaluéieren. Mir strécken deen och esou a bauen en esou op, datt och Schüler, déi haut do ufänken, och duerno, wa se plënnere – well dat haut dann awer just op véier limitéierte Plazen ass –, ëmmer e Relais hunn zum Beispill an enger agreéierter Europaschoul, fir dann och do hir Sclaritéit an engem aneren Deel vum Land kënnen weiderféieren. Alles dat hu mer iwwerluecht an ass Deel vun deem Projet do. An ech sinn eigentlech ganz frou, datt mer Schoulen hunn a Gemengen hunn, déi dat och mat begleeten.

Elo ass dat awer sécherlech och net déi eenzeg Äntwert. Wann ech emol kucken, vu wou déi Primo-arrivanten, wéi mer se nennen, da kommen ... an ech maache mol d'Reiefolleg, wat fir eng Nationalitéiten, wat fir eng Länner do am heefegste virkommen. Et wäert keen iwwerraschen: Portugal ass op der éischter Plaz, dono kënnt Frankräich, Italien ass awer och nach ëmmer op der drëtter Plaz, da kënnt Däitschland an dann d'Belsch. Do hannendru kommen awer nach 44 verschidde anere Nationalitéiten. An ech hunn elo mol einfach dat lescht Schouljoer geholl, wou mer da gekuckt hunn, wee vu bausse bäikomm ass. Vun insgesamt 1.652 Primo-arrivanten am Fondamental waren dat der 662 aus deene 5 éischte Länner an aus deenen anere 44 Länner waren et der ëmmerhin nach 990, déi da mat ganz ënnerschiddleche Sproochen, mat ënnerschiddleche Kulturen, mat ënnerschiddlechen Approchen heiansdo zur Schoul iwwerhaapt heihinner kommen an dat an ënnerschiddlechen Alterskategorien. Dat, mengen ech, beschreift och d'Situatioun, wéi mer se hunn an eise Schoulen a wat déi enorm Integratiounsleeschtung ass, déi d'Lëtzeburger Schoul do muss leeschten.

Duerfir mengen ech, ass et richteg, fir engem groussen Deel vun deene Schülerinnen a Schüler hei och eng Alphabetiséierung op Franséisch ze proposéieren, well mer wëssen, datt liesen a schreiw léieren an enger Sprooch, déi ee bis dohinner eigentlech esou nach net héieren huet, awer ganz dacks kann derzou bäidroen, datt ee seng Schoulkarriär schlecht ufängt an datt een déi Schwierigkeiten iwwer seng ganz Karriär matschleeft. Mee et ka gradesou gutt sinn, datt souwuel déi däitsch wéi och d'franséisch Sprooch eng Friemsprooch ass fir ganz vill Schülerinnen a Schüler, déi hei ufänken, a si och doheem gradesou wéineg an

där enger wéi an där anerer kënne gehollef kréien. An duerfir, mengen ech, musse mer, nieft Initiativen, wou mer probéieren, dat Gutt an dat, wat fonctionéiert, aus dem europäesche Modell – wou mer Erfarunge gemaach hunn – eriwuer ze kréien an eisen nationale Modell, gläichzäiteg op där anerer Säit och kucken, wat mer do niewendrun nach brauchen.

An ech mengen, datt mer herno op déi agréiert europäesch Schoulen net kënne verzichten, well se awer nach eng Kéier méi eng grouss Flexibilitéit hunn, well se och kënne englesch Filiären ubidden, well mer germanofon Filiären hunn a well se muer à la limite vläicht och nach – well d'Europaschoulen hu jo nach vill am Programm, wat se kënne ubidden – dat eent oder dat anert kéinten integréieren. Duerfir, denken ech, brauche mer bei där Hyperdiversitéit, déi mer zu Lëtzebuerg kennen, béides.

Wat generell d'Fro vun den Inegalitéiten an der Ongläichheet an eise Bildungssystem ubelaangt, mengen ech, muss een awer natierlech och d'Fro vill méi breet stellen a vill méi breet dorunner erugeen. Et si sécherlech d'Sproochen, d'Manéier, wéi mer d'Sprooch léieren, d'Reiefolleg vun de Sproochen, déi mer léieren, déi Diversitéit an eise Mammesproochen, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, de Fait, datt just nach all drëtt Kand doheem Lëtzebuergesch als éischt Familljesprooch huet: Alles dat si Grënn fir dës Inegalitéiten an un deene musse mer schaffen. Mee et gëtt awer ganz vill méi, wou mer mussen dru schaffen.

Ech denken un déi Efforten, déi mer maachen, fir d'Qualitéit an déi fréikandelech Fërderung eranzekréien, datt een do och schonn eng ganz geziilt Sproochfërderung soll maachen. Ech denken och un déi Voleten, déi an der nonformaler Bildung kënne geschéien, fir och do d'Entwécklung, eng ganzheetlech Entwécklung vun de Kanner kënne ze assuréieren an ze erreechen. Ech denken un Initiativen, fir eeben och déi Servicier – zum groussen Deel op jidde Fall – gratis unzebidden, fir datt se accessibel si fir jiddereen, fir datt den Ënnerschied, deen d'Famill doheem dann nach ausmécht an den Encadrement, deen d'Kand an der Famill kritt oder ka kréien, eigentlech doduerjer relativéiert gëtt, datt d'Kand och en Accès huet zu gudde Bildungsleeschtungen an der Fréifërderung respektiv an de Maison-relais. Ech denken un eng Vernetzung vun der Bildungslandschaft, wann ee weess, datt et bei Bildungsfroen net nëmmen d'Schoul gëtt, mee datt et ganz vill aner Acteure gëtt, ganz traditionell Acteure wéi Veräiner, wéi Scouten, wéi Musek, wéi Sport.

Ech denken un de Museksunterrecht – mir maachen deen net vun ongeféier gratis fir déi Jonk –, datt mer einfach an Accès dohinner bidden. Mir wëssen, wéi eng formidabel ganzheetlech Entwécklung Musekléiere bei ganz ville Kanner ka bewierken: kognitiv Entwécklung, sozial Entwécklung, Kreativitéit, alles dat, wat d'Kanner haut brauchen, fir eeben an der Welt vu muer gutt kënne eens ze ginn.

Ech denken awer och un d'Ënnerstëtzung vun der Famill, Instrumenter, déi mer zum Beispill an der Aide à l'enfance hunn, an do kann ech zréckkommen op deen Dossier, deen d'Regierung virun zwee Deeg presentéiert huet – d'Trennung vu Jugendschutz a Jugendstrofrecht –, mee virun allem gëllt et, preventiv ze schaffen, d'Elteren ze stäerken, d'Eltere staark ze maachen, fir datt se als staark Elteren och kënne hiren Aufgabe gerecht ginn an domadder assuréieren, datt d'Kand eng gutt physesche, awer och sozioemotional Entwécklung kann hunn, wat eng weider Voraussetzung ass, fir datt een duerno a sengem Bildungsprozess eeben och gutt virukënn an ee Schratt nom anere ka maachen. Duerfir wëlle mer och an der Aide à l'enfance vill méi preventiv a vill méi breet schaffen an eigentlech

och alleguerten d'Famillen do viséieren. An do, wou et emol Problemer gëtt, och wat, soe mer mol, de Comportement vun engem Schüler an der Schoul ubelaangt a mer wëssen, datt dat dacks net nëmmen e Phenomeen an e Problem ass an der Schoul, a mer mat de schoulesche Moyenen oft um Enn sinn, kucke mer, datt och d'Instrumenter vun der Aide à l'enfance kënne mathëllefen, fir dem Kand och ausserhalb vun der Schoul ze hëllefen, fir datt et do einfach eng besser Basis fënnt, e bessert Fundament fënnt an dann duerno méi stabil ass, fir zréck an der Schoul wierklech sai Wee kënne ze maachen.

Ech denken awer och u Ressourcen, déi mer an eise System hunn, déi mer och eng Kéier kritesch mussen analyséieren. Den Appui pédagogique, wéi en 2009 agefouert ginn ass: Bréngt en dat, wat mer eis alleguerte versprach hunn? Gëtt e wierklech bei deene Kanner agesat, fir dann och Léierretarden opzeschaffen? Dat ass eng Fro, där een, mengen ech, net aus dem Wee goe soll.

*(Interruption par la présidence)*

Ech wëll awer och soen, datt et ganz vill ... an da sinn ech scho bal, Här President, fir meng éischt Interventioun de Mëtteg hei.

Ech denken awer och un Initiative wéi de ganze Beräich vun den Enfants à besoins spécifiques, wou mer awer och vill méi geziilt Kanner mat Léierschwieregkeeten ënnerstëtzen iwwert de Centre de compétence pour le développement des apprentissages – eppes, wat mer bis virun dräi Joer net hatten a wat mer haut hunn –, wou mer eis d'Méiglechkeete ginn hunn, fir ganz geziilt Kanner mat sougenannten „Dys“-Problemer kënne eng Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen. An ech denken natierlech och nach – Madamm Closener, Dir wësst, datt mer do zesumme wëllen e Schrëtt weiderkommen – bei der nächster Rentrée un eng allgemeng flächendeckend Hausaufgabenhëllef. Déi Inegalitéit, an ass offensichtlech fir jiddereen – an deem engen Haus kënne Kanner gehollef kréien, an esouguer och wa se keng Aufgabe kréien, kréie se der nawell doheem, an an deem aneren Haus geet dat nun emol einfach net, well do d'Ressourcen net do sinn – musse mer definitiv aus dem Wee raumen, soudatt all Kand Accès huet op eng gratis Hausaufgabenhëllef, egal wou et wunnt, egal aus wat fir engem Elterchenhaus et kënnt. Dat sinn eenzel Schrëtt a Richtung vun enger besserer Ënnerstëtzung vun all Kand, fir schrëttweis, an a klenge Schrëtt warscheinlech, déi Inegalitéiten do ze reduzéieren.

*(Interruption par la présidence)*

Merci, Här President fir Äre Gedold.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci fir elo mol, Här Educationminister Claude Meisch.

## 7. Question élargie n° 133 de M. Fred Keup au sujet de l'évolution du système scolaire

An da komme mer zur erweidert Fro Nummer 133 vum Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, effektiv hu mer elo hei dräi Punkten op der Dagesuerdnung, déi sech e bëssen iwwerschneiden. Vlächst gesi mer awer elo hei bei dëser Fro respektiv bei der Äntwert awer nach eng Partie Nuancen, déi interessant kéinte sinn.

Här Minister, Dir hat virun e puer Wochen op enger Pressekonferenz erkläert, Dir wäert frou doriwwer, d'Lëtzebuerg Schoullandschaft mat der École internationale Gaston Thorn, der sechster Europaschoul

hei zu Lëtzebuerg weider ze dezentraliséieren an an noer Zukunft iwwerall am Land eng Alternativ zum classesche Schoulprogramm ubidden ze kënne.

An engem Interview mam „Tageblatt“ vum 10. Februar 2022 sot Dir, Här Minister, eisen traditionelle Schoul-system kéint vun den Europaschoule léieren. Dat géif sech ganz besonnesch och op den Émgang mat de Sprooch bezéien. An deem Kontext huet den Här Minister d'Méiglechkeet vun enger der Originn vum Schüler ugepasster Alphabetiséierung ugedeit, wat jo géif zu enger Trennung – wéi jo och schonn ugeschwat ginn ass hei – vun de Schüler jee no Originn féieren. Doropshi stelle sech eng ganz Partie Froen iwwert d'Zukunft vun eise Lëtzebuerg Schoulssystem.

Déi éischt Fro ass, an dat hu mer elo och schonn e bëssen héieren: Ass eng ugepassten Alphabetiséierung jee no Originn vum Schüler geplangt?

Dann: Eng ugepassten Alphabetiséierung jee no der Originn vum Schüler géif jo bedeuten, wéi gesot, dass mer d'Schüler eeben no der Originn trennen, entweeder a verschidde Schoulen oder innerhalb vun enger Schoul, dann awer a verschidde Klasse géife setzen, esou wéi et den Ament effektiv an den éffentlechen sougenannten internationale Schoulen och ass, am europäesche Modell.

Do gëtt dat jo esou gemaach. Do gëtt esou getrennt. An duerfir wëll ech och folgend Fro stellen un den Här Minister: Wëllt den Här Minister d'Schüler also no Originn, dat heescht Nationalitéit trennen an eng Andeelung a verschidde Klassen a Schoulen a Kaf huelen oder net?

De 6. Abrëll 2017 huet den Här Minister Meisch an engem Pressecommuniqué – dat sinn elo fënnf Joer hier, mee trotzdeem, esou laang ass dat nach net – op een anere Pressecommuniqué vun deemools „Wee 2050“ geäntwert. An deem Pressecommuniqué gouf dem Minister ënnerstallt, e wëllt eng franséisch Alphabetiséierung aféieren. De Minister huet deemools geäntwert: „De toute évidence, le ministère n'envisage pas l'introduction de l'alphabetisation en français à l'école fondamentale luxembourgeoise. Le ministre Claude Meisch a d'ailleurs souligné cette position à maintes reprises dans le passé.“ A weider, wat och interessant ass, huet den Här Minister deemools geäntwert: „À l'école fondamentale et au lycée, le ministère entend renforcer le rôle du luxembourgeois comme langue d'intégration et langue commune de tous les élèves de l'école publique.“

An duerfir d'Fro, Här Minister: Sidd Dir nach ëmmer, wéi Dir dann deemools à maintes reprises gesot hutt, géint eng Aféierung vun enger franséischer Alphabetiséierung? An, Här Minister, stitt Dir nach zu Äre Wieder, dass d'Lëtzebuerg Sprooch d'„langue d'intégration et langue commune de tous les élèves de l'école publique“ an domat och den internationale Schoulen ass, „de tous les élèves de l'école publique“?

Dann nach e lescht Zitat, gi mer nach e bësse méi wäit zréck. Am „Lëtzebuerg Wort“ vum 2. Abrëll 2014 gouf Dir, Här Minister, esou zitéiert.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | All Respekt fir Ären Archiv, Här Keup!

**M. Fred Keup** (ADR) | Mir si gutt informéiert.

*(Hilarité)*

Am „Lëtzebuerg Wort“ stoung deemools: „Une pure alphabétisation en français n'est pas la solution idéale [...], car, elle éloigne l'enfant de la langue luxembourgeoise.“ An duerfir déi lescht Fro, Här Minister: Sidd Dir bereet, mat enger franséischer Alphabetiséierung en Eloignement, also e Réckzuch, wéi Der et selwer



gesot hutt, vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kaf ze huelen?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Keup. D'Regierung huet d'Wuert, nach eng Kéier den Här Educationminister Claude Meisch.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Voilà! Hei sinn ech nees, Här President. Zum Deel hat ech jo dann awer schonn an der éischter Interventioun dorobber geäntwert.

Jo, d'Regierung plangt ganz konkret Pilotprojeten ze maachen, fir opgrond vun deenen Experienzen, déi mer an den éffentlechen Europaschoule gemaach hunn, och anere Schülerinnen a Schüler am Land kënnen eng franséisch Alphabetiséierung unzebidden.

Dee Projet ass, wéi ech virdu gesot hunn, esou konzipéiert, datt d'Kanner wuel och kënnen an eng Schoul goen, nämlech an hir Quartiersschoul, wéi se dat haut och maachen, dann awer do vläicht – an dat entsprécht e bëssen der Zuel vun de Kanner – sief et an eng aner Klass goen oder integréiert souguer an enger Klass mat anere Schüler, déi op Däitsch alphabetiséiert ginn, kéinte bleiwen.

De Projet ass och esou konzipéiert, datt een eng Rei vu Fächer, wou d'Sprooch vläicht éischter net den éischte Rôle spillt, wou et net ëm den Apprentissage vun der Sprooch geet, weiderhin och kann zesumme maachen, dat op d'mannst ab dem Cycle 3, well eebe virgesinn ass, datt just déi eng Kanner dann op Franséisch alphabetiséiert ginn an duerno mam Däitschen ufänken, an déi aner dann op Däitsch alphabetiséiert ginn, wéi mer et haut maachen, an dann op Franséisch kommen a se dann eigentlech relativ schnell op e gemeinsamen Niveau do kënnen kommen. Dat probéiere mer a Pilotprojeten, loosse mer wëssenschaftlech begleeden a wäerte mer och evaluéiere loosse, well ech mengen awer, datt et net richteg ass, datt mer enger Rei vu Schülerinnen a Schüler, déi nun eeben emol nieft enger éffentlecher internationaler Schoul wunnen, déi Méiglechkeet, déi Chance do ginn an aneren déi Chance do net ginn.

A jo, ech gesinn doranner awer eng Chance an eng Deelantwort op déi grouss Erausforderung, déi mer an der Education hei zu Lëtzebuerg hunn, andeems mer den Elteren an domadder de Kanner dee Choix do kënnen loosse, wéi se an hir Schoulkarriär wëlle starten, op wat fir enger Sprooch se wëllen alphabetiséiert ginn. Ech hunn awer gläichzäiteg gesot, datt et just eng Deelantwort ka sinn, well d'Situatioun jo awer vill méi komplex ass wéi dat, a mer och nach vill aner Sproochen hunn, déi vläicht souwuel eloignéiert si vum Däitsche wéi och vum Franséischen.

Dat Konzept hei gesäit och vir, datt mer net érischt bei der Alphabetiséierung am Cycle 2 ufänken, mee datt mer schonn am Cycle 1 ufänken an dann, wéi Der sot, op där enger Säit entweder schonn déi däitsch Sprooch present halen, oder déi franséisch Sprooch present halen, datt eeben net an enger Sprooch alphabetiséiert gëtt, déi een eigentlech esou systematesch virdu nach ni héieren huet.

A wa mer da géifen an enger Rei vu Joren – an Dir, wësst an der Education geschitt dat net innerhalb vu Méint, mee Joren – sollte feststellen, datt dat doten eis e Stéck weiderbruecht huet, da wäert sécherlech och mussen drüwer nogeduecht ginn, wéi mer dat kënnen verallgemengeren, wéi mer dat breet kënnen maachen, fir datt mer vläicht eng Kéier an der Situatioun sinn, datt mer op d'mannst an all eise Grondschoulen am Land déi doten Offer kënnen

maachen: ganz traditionell klassesch – esouwéi Generatiounen vu Lëtzebuerger et gemaach hunn an och Netlëtzebuerger et haut nach ëmmer maachen – op Däitsch alphabetiséiert ze ginn, awer och eng Méiglechkeet bidden – wann et aus iergendengem Grond besser a méi erfollegsversprechend erschéngt –, et op Franséisch kënnen ze maachen, mee zesummenzebleiwen an duerno zesummen no der Grondschoul kënnen an de Lycée orientéiert ze ginn.

Vun der Lëtzebuerger Sprooch, Här Keup, wësst Der, datt déi mir wichteg ass an datt se och grad an den internationale Schoule wichteg ass an datt se grad en Argument ass, ënner anerem, dofir, datt mer eeben och éffentlech international Schoulen hunn, well entgéint de privaten internationale Schoulen, hu mer hei eng Mainmise drop a kënnen ganz kloer bestëmmen, wat de Curriculum ass, a mir hunn déi Ausnam jo bei der Europäescher Kommissioun bei den Europaschoulen duerchkritt, fir eebe souwuel am ganze Primaire wéi och an deenen éischte Joren am Secondaire och zwou Stonne Lëtzebuergesch op de Programm ze kréien. An et ass déi Schoul – ech wëll et nach eng Kéier soen –, wou am systemateschste Lëtzebuergesch an am meeschte Lëtzebuergesch um Unterrichtsprogramm steet vun all deem, wat mer offréieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | An ech mengen, datt dat richteg ass, well entgéint der Praxis – an dat hunn ech schonn dacks hei gesot, an dat hutt Der net zitéiert –, datt et an deene leschte Joerzénge eigentlech ëmmer esou war, datt déi Kanner, déi vu bausse bei eis komm sinn, um Schoulhaff Lëtzebuergesch geléiert hunn oder vläicht am Veräin Lëtzebuergesch geléiert hunn, geet dat haut net méi ëmmer duer. Wa mer esou eng international Situatioun hunn, wéi ech se hei beschriwwen hunn, mat 3 % vu Kanner, déi pro Joer vu bausse bei eis kommen, mat engem Drëttel vu Familljen nach just, wou Lëtzebuergesch déi éischt Familljesprooch ass, dann ass et net méi selbstverständlech, datt d'Kanner um Schoulhaff an all Quartier, an all Schoul ënnerenee Lëtzebuergesch schwätzen. An duerfir musse mer do en zousätzlechen Effort maachen. An duerfir maache mer dat an den internationale Schoulen. An duerfir maache mer et jo mëttlerweil och méi staark an eise regulären, traditionelle Schoulssystem, zum Beispill eebe méi staark a méi koordinéiert am Lycée, fir jidderengem Sprooch, Kultur, Literatur an esou weider, Patrimoine mat kënnen op de Wee ze ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech gesinn hei och eng ganz grouss Bedeitung dran, wat den ausserschoulesche Beräich ubelaangt, fir och am Service éducation et accueil, dee mer jo an den internationale Schoulen direkt associéiert hunn, der Lëtzebuerger Sprooch hir Plaz ze ginn. An ech sinn immens frou, datt grad d'Elteren dorobber drécken, datt an deene Schoulen, an der Maison relais Lëtzebuergesch geschwat gëtt, datt dat déi Sprooch ass, déi sech do duerchsetzt, fir eebe grad hire Kanner d'Méiglechkeet ze ginn, am Lëtzebuergesch, am geschwatene Lëtzebuergesch opzewuessen an déi Sprooch domadder och automatesch mat ze léieren. An ech mengen, datt ass dat Besch, wat mer kënnen maachen, fir datt et erëm eng Kéier esou ass, wéi et ëmmer war, fir datt jiddereen, all Kand, wat duerch eise Schoulssystem gaangen ass, Lëtzebuergesch kann an déi Sprooch dann och duerno automatesch erëm eng Kéier u seng Kanner weidergëtt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Educationminister Claude Meisch. Dëse Schoulpunkt ass domadder ofgeschloss.

## 8. Interpellation de Mme Francine Cloener au sujet des écoles internationales au Luxembourg

Den nächste Schoulpunkt um Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass d'Interpellatioun vun der Madamm Francine Cloener iwwert déi internationale Schoulen hei zu Lëtzebuerg. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech géif direkt der Madamm Francine Cloener am Numm vun der LSAP-Fraktioun d'Wuert ginn.

**Exposé**

**Mme Francine Cloener** (LSAP), interpellatrice | Villmools merci, Här President. Am Fong ass en net ofgeschloss. Et ass eigentlech e fléissenden Iwwergang, well dat Theema vun den Europaschoulen an och d'Theema vun der Chancégerechtkeet wäert eis elo nach e bëssen erhalen bleiwen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, kennt Der eigentlech den Ënnerschied tëscht Chancégerechtkeet a Chancégläichheet? Huele mer mol e Beispill: Huele mer zwee Kanner, nenne mer se den Tun an de Louis. Deen een, den Tun, ass ee Meter grouss, deen aneren, säi Kolleeg de Louis, ass méi grouss, 1,50 Meter. D'Aufgab, déi déi Zwee solle bewältegen, ass déi heiten: Déi Zwee sollen alle béid iwwer eng Mauer kucken, déi zwee Meter héich ass, awer dat packe se onméiglech, an dofir kréie se gehollef.

Wa jiddereen déi selwecht Chance kritt, da kritt och jiddereen déi selwecht Hëllef. Da soe mer an deem Fall: Da kréie se allen zwee eng Träppchen, déi 60 Zentimeter héich ass. Domadder ass deem engen – deem Groussen, dem Louis, deen 1,50 Meter grouss ass – effektiv gehollef, fir kënnen labber iwwert d'Mauer ze kucken. Deen aneren, den Tun, deen ee Meter grouss ass ... den Tun, deen hat Pech. E krut zwar soi-disant geneesou vill gehollef, mee net sengem Besoin entsprechend.

**Une voix** | De Louis kann e jo an d'Luucht hiewen.

**Mme Francine Cloener** (LSAP), interpellatrice | Hie kritt säin Zil net erreecht. Hie kritt seng Aufgab net erfüllt. Hie gesäit nach ëmmer net iwwert d'Mauer, an dat, obwuel den Tun vläicht vill méi wäit, vill besser a méi wichteg Saache géif gesinn, wann hien direkt déi fir hien ugepassten, eeben déi richteg Ënnerstützung kréich – an deem Fall eng méi héich Träppchen –, well seng Startchance vun Ufank u méi schlecht sinn, ouni datt hien dorunner Schold ass. Hie brauch eng Hëllef, déi den Ënnerschied zum Louis ausgläicht, fir datt en eng fair, eng gerecht Chance kritt, seng Aufgab ze léisen, wat him eng fair Chance gëtt, fir iwwert d'Mauer ze kommen.

Dat ass Chancégerechtkeet. An et ass genau dat, wat eis Schoul brauch: eng chancégerecht Schoulpolitik, déi eise Kanner allegueren hëlleft, hire Wee ze maache bei hiren Efforten, fir iwwert d'Mauer ze kucken, amplaz datt mer einfach nach méi laang nokucken, wa ganz ... ze vill Kanner an d'Bildungsmauer dra rennen.

Ni war d'Schoullandschaft an d'Schülerlandschaft esou divers, esou heterogeen wéi haut. De Minister huet et grad an allen Detaillere erkläert. An et ass eigentlech och ganz gutt esou, datt mer eng heterogeen Schülerlandschaft hunn. Dat beräichert eist Land. Dat bréngt Kulture vun der ganzer Welt an eist Land; an dat hu mer batter néideg. Mee natierlech stellt dat eis och virun Defien. Well ni waren d'Startchancen an d'Startkonditiounen vun all eise Kanner esou ënnerschiddlech gutt

oder esou ënnerschiddlech schlecht. Si kënnen eeben net derfir.

De Bildungsbericht weist – ech sot et schonn – zanter Joren a Joren, datt d'Schéier ëmmer weider ausereenegeet. Kanner aus defavoriséierte Milieue packen hir Schoul méi schlecht wéi hir Kollegeen, deenen hir Eltere méi verdéngen. Grad während der Pandemie ass et daitlech ginn.

An domadder kann a wëll ech mech net offannen! Domadder kann a wëllt meng Partei sech net offannen. Domat ka kee sech offannen, deen an der Schoul ee soziale Lift gesäit. Keen, dee sech fir eng besser a méi gerecht Gesellschaft engagéiert, kann einfach d'Schëlleren hiewen an dat als Fatalitéit hinwelen.

A wa mer bei de Problem vum niddregen Akommes dann och nach de Problem vun der Sprooch derbäi kréien, dann ass et genee do, wou de Schong dréckt. Och do huet de Minister virdu schonn eppes derzou gesot. Eis Sproochevillfalt, eisen Trilinguisme, eis Dräisproochegkeet zu Lëtzebuerg, ëm déi mir am Ausland esou vill beneit ginn, déi ass fir vill, fir ganz, ganz vill Kanner de Grond, firwat se hir schoulesch Karriär manner gutt reusséiere wéi Kanner aus aiséierte Familljen, wou doheem Lëtzebuergesch geschwat gëtt. Mee – an dat muss mer eis virun Aen halen – nëmmen nach een Drëttel vun de Kanner zu Lëtzebuerg schwätzt doheem Lëtzebuergesch, zwee Drëttel net.

Nach eemol: Nach ni waren d'Startkonditiounen esou ënnerschiddlech wéi haut. Dofir war et och nach ni esou wichteg, fir fir eng gerecht Ënnerstëtzung ze suergen, fir datt herno jiddereen déi selwecht Chance huet, fir seng Schoul ze reusséieren an een Diplom ze kréien. Deen Diplom, deen e wëllt.

Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Kanner ass de Motto vum Educatiounsministère. Dat ass richtig. Op d'Diversitéit vun der Schülerlandschaft äntwert de Ministère mat enger Diversifikatioun vun der Schoullandschaft. An déi international Schoulen, déi u sech jo agreéiert Europaschoule sinn, kréie se an deem Kontext eng zentral Roll. Duerfir wëll ech eeben haut méi am Detail dorobber agoen.

Viru sechs Joer ass d'Konzept vun deenen öffentlechen a gratis Europaschoulen zu Lëtzebuerg agefouert ginn: fir d'éischt mat der internationaler Schoul vun Déifferdeng an Esch. 2018 hu gläich dräi weider Europaschoulen hir Dieren opgemaach: zu Jonglënster, Clierf a Munneref. Zanter der leschter Entrée kann een och zu Miersch an d'Schoul Anne Beffort goen. An da mécht jo am nächste September déi sechste Schoul Gaston Thorn um Geesseknäppchen an der „Blumm“ respektiv zu Zéisseng hir Dieren op – eng sechsten Europaschoul also. Warscheinlech net déi lescht, well se eeben zu enger gudder Alternativ gi sinn zu der aktueller öffentlecher Schoul, zum traditionellen System vum Secondaire classique respektiv général.

Ech ginn net dervun aus, datt de Minister deen traditionelle Schoulsystem komplett wëllt ofschafen, mee d'Fro muss awer erlaabt sinn: Wat ass d'Konzept? A wéi soll dat aneneefléissen, déi zwee Systemer? Wéi eng Plaz soll dat europäesch Konzept am Lëtzeburger Enseignantswiesen anhuelen? Froen, déi eis, mengen ech, alleguer mussen interesséieren.

Här President, am Argumentaire fir déi nei Europaschoul Gaston Thorn an der Stad gëtt ganz am Ufank ugefouert, datt duerch dës och eng „meilleure cohésion géographique“ entstoeen. Zu Chancégerechtkeet gehéiert an eisen Aen, datt och all Kand d'Chance muss hunn, fir vun dëser europäescher Offer ze profitéieren – egal ob Lëtzeburger oder Netlëtzeburger an egal, wou e wunnt.

An deem Kontext wollt ech dann d'Fro stellen, wat aus dem Konzept vum Lycée de proximité ginn ass. Spillt dat eigentlech nach oder soll et lues a lues mat der Diversifikatioun vun de Schoulen ofgeschaaft ginn? Wéi ka séchergestallt ginn, datt all Kand, egal wou et wunnt, déi schoulesch Offer garantéiert kritt, déi fir hatt am beschten ass?

Anescht gefrot: Wat huet Prioritéit? Huet e Lycée Prioritéit, dee gënschteg läit, wou de Schüler net muss duerch d'halleft Land mat Bus an Zuch klunschen, wou en nach Zäit huet, fir doheem bei sech a sengem Veräin Sport- oder Kulturaktivitéiten nozegoen, oder awer e Lycée, deen op seng Besoinen zougeschnitten ass, sief et weinst der Sproochesection, sief et awer och vläicht weinst anere Saachen, weinst der Spezialisierung vun der Schoul? Wat gëtt den Ausschlag? Wéi solle sech de Schüler a seng Elteren do fir dat Richteg decidéieren? Wie gëtt hinnen och do deen néidege Conseil, déi néideg Orientatioun?

Egal ob Lëtzeburger oder Netlëtzeburger, et soll ee vun där neier Offer profitéiere kënnen. Dat hunn ech grad gesot. Fir eis ass dat eigentlech selbstverständlech. Et ass awer a ville Fäll net esou evident, well déi europäesch Schoule gi jo awer virun allem vun deene Schüler besicht, déi mam traditionellen Lëtzeburger System Problemer hunn oder fäerten, Problemer ze kréien, eeben notament weinst de Sproochbarriären.

An anere Wieder: fir Kanner aus dem Milieu vu Familljen, déi zerguttst hei immigréiert sinn oder vu sougenannten „Expats“, déi no e puer Joer vläicht hir Zelter hei nees ofbriechen, an eeben och vu Kanner mat Lëtzeburger Originen, déi dacks Problemer mat enger Sprooch hunn, dacks mam Franséischen, oder vläicht och mat der eeben nach zimmlech grousser Rigiditéit vun eise traditionelle System.

Wien ass vun de Schoulen eigentlech viséiert? Wéi eng Kanner solle prioritär europäesch Schoulen hei zu Lëtzebuerg besichen? A wien trëfft och do d'Decisioun?

Wéi d'École internationale vun Déifferdeng wollt een Drëttel vun de Plaze fir Kanner vun Déifferdeng selwer reservéieren – den Här Minister weess et –, du sot de Staatsrot Nee do derzou. „Dat geet net“, sot en, „op alle Fall net per Gesetz.“ Elo maachen d'Schoule jo da selwer den Tri, bestëmmt – an dovunner ginn ech aus – no beschemt Wëssen a Gewëssen. An awer: Wéi eng Garantie gëtt et, datt eng Schoul net nëmmen d'Mixité sociale assuréiert, mee och d'Mixitéit vun den Nationalitéiten? Ech mengen, d'Transparenz iwwert dee Choix ass do ganz, ganz wichteg.

En effet, d'Écoles internationales sinn duerch de Fait, datt se de Sproochekompetenze besser Rechnung droen, e wichtige Acteur an der Lutte géint den Échec scolaire, an domadder och e wichtige Bestandteil fir d'Erhale vun eiser sozialer Kohäsioun. Dat ass richtig.

Ech sinn awer der Meenung, datt ee Moyene muss fanne fir sécherzestellen, datt déi Heterogenitéit vun der Schülerpopulatioun muss hiergestallt gi respektiv erhale bleiwen. Ech war och immens frou ze héieren, datt zum Beispill an deem neie Lycée Gaston Thorn, wou mer jo virun e puer Deeg an der Chamberskommissioun nach driwwer geschwat hunn, wierklech och ganz vill Wäert op d'Lëtzebuergesch geluecht gëtt als soziale Kitt.

Kolleginnen a Kollegeen, d'Sproochesituatioun ass wuel den Haaptfacteur, duerch deen dës nei Schoul-offer esou e grouse Succès kennt. Natierlech huet se och super flott Konzepter, ouni Zweifel. An natierlech begrësse mir als LSAP och zum Beispill, datt hei Ganzdaagsschoulen eng Selbstverständlechkeet

sinn, wou d'office formal an nonformal Bildung aneengräifen.

Mee wann een den Ënnerschied vun enger europäescher an enger soi-disant normaler traditioneller Schoul hei zu Lëtzebuerg misst op ee Saz erofbriechen, wier et jo awer d'Gewichtung an d'Methodik, wéi d'Sproochen enseignéiert ginn. Graff resuméiert: Et huet ee jo eigentlech de Prinzip vun engem Choix tëscht dräi Sektouren, wou entweder Franséisch, Däitsch oder Englesch d'Haaptsprouch, d'Langue dominante, ass; et ass net onbedéngt d'Mammesprooch. An déi aner Sprooch ginn dann awer och enseignéiert, allerdéngs e bëssen anescht.

Am traditionellen Lëtzeburger System ass et dergéint nach meeschtens esou, datt Däitsch a Franséisch als Mammesprooch enseignéiert ginn. Fir Kanner zum Beispill mat enger däitscher Mamm an engem franséische Papp, déi doheem bilingue opwuessen, ass dat bestëmmt opportun. Fir d'Majoritéit vun de Schülerinnen an de Schüler entsprécht dat net méi hirer Liewenssituatioun, hirem Alldag.

E Kand, wat Netlëtzeburger ass, soe mer emol, wat mat véier Joer aus Portugal heihinnerkënn, dat muss bannent dräi Joer am ganze véier Sprooch léieren – bannent dräi Joer! – seng Mammesprooch Portugisesch – wat iwwerengs jo extreem wichteg ass, datt d'Kand och déi Mammesprooch beherrscht als Basis fir all déi aner Sproochen, also Portugisesch –, dann natierlech Lëtzebuergesch, Däitsch an dann och nach Franséisch, bis d'zweet Schouljoer. Déi zwee, wann ech gelift, Däitsch a Franséisch, op deem allerhéchsten Niveau als Mammesprooch. Dat ass natierlech ze vill däers Gudden. Dat lichter jidderengem an.

Et muss een awer soen, datt och vill Lëtzeburger Schüler mam Franséische kämpfen. An dat fannen ech dach awer och e bëssen erschreckend. Déi ëmmer méi grouss Presenz vum Engleschen – ech weess net, ob et dat eleng ass –, mee déi Presenz op de soziale Medien an och soss am Alldag ass eng ganz grouss Konkurrenz fir d'Franséisch, wat engem jo wierklech net kann egal sinn.

De Minister huet eng Reform vum Franséischen op de Wee bruecht am Fondamental, souguer éischter fir de Prescolaire. Et soll anescht mat anere Methoden enseignéiert ginn. Dat ass wierklech gutt esou, dat ass och richtig esou. Déi Kanner, déi awer elo am leschte Cycle si vum Fondamental, hu jo dovunner net esou vill. Fir si wier d'Franséisch oder d'Däitsch vläicht scho virun de grouse Stolpersteen an hirer Karriär. A wat ass eigentlech och ugeduecht fir de Sproochenunterricht am Lycée? Wat ass en général de Plang fir eise Sproochenunterricht?

D'Entsackung vun de Programmer huet jo weinst der Pandemie op eemol fonctionéiert. Dunn hate mer séier eng Definition vum de Contenues essentiels. Et war wuel e bëssen aus der Héft eraus, an awer eigentlech e gudden Exercice. Dorobber kéint ee jo eigentlech opbauen. Aus der Kris gouf hei eng Chance. Wat maache mer elo doraus? A kréie mer och déi positiv Aspekter vun Sproochenunterricht aus den öffentlechen Europaschoulen an eise System iwwersat an integréiert? De Minister huet de politesche Wëllen hei dofir ausgeschwat. Et misst een nach kucken am Detail, wéi dat fonctionéiert.

Mir als LSAP sinn der Meenung, datt een iwwer all Optione muss kënnen schwätzen: iwwer eng aner Gewichtung, iwwer Grilles horaires, Programmer an all Ordre d'enseignement. Grad well mer zu eise Trilinguisme stinn, grad well mer eis Dräisproochegkeet wichteg fannen, brauche mer eng Reform, fir datt eeben all eis Sproochen attraktiv bleiwen! Mir brauchen fir eis Kanner déi bescht Schoulen. Dat heescht



fir mech: dat Gutt aus der traditioneller Schoul bäibehalen, optimiséieren an dat Bessert aus den europäesche Schoulen iwwerhuelen an integréieren.

An deem Sënn ass fir mech eng Analys vun der Ënnerdeelung an dominant Sproochen a Friemsproochen, wéi se eeben an den europäesche Schoulen enseignéiert gëtt, déi Analys ass ee Must als en Deel vun engem regelrechten Inventaire vun den aktuellen Exigenzen a Kompensatiounsméiglechkeeten am ganze Schoulsystem: Secondaire, Secondaire général an d'Formation professionnelle. Op jidde Fall ass et fir mech kloer: Et dierf 2022 net méi esou sinn, datt Schüler mat Potenzial a sämtleche relevante Fächer fir eng Sektoun, hirem Dram net kënnen nogoen, nëmme well se e Retard hunn an enger Sprooch. Domadder si mir net méi d'accord.

Här President, Dir mierkt, d'LSAP kann den ëffentlechen europäesche Schoule ganz, ganz vill Positives ofgewannen. Mir hu se ëmmer hei an der Chamber matgedroen. Et stelle sech just eng Partie Froen. Mat dat Wichtigst ass – an dat war a bleift och onverhandelbar, dat weess de Minister –, datt dës Alternativ gratis an ëffentlech bleift. Privatiséierung vum Bildungsauftrag komme fir eis net a Fro. D'Schoul gehéiert an déi ëffentlech Hand an et dierf keng Fro vu Background a scho guer net vu Portmonni sinn. Och datt ass Chancengerechtigkeit. Dozou gehéiert awer och, datt déi international Schoul fir all Kanner zougänglech sinn.

Et gëtt jo hei eigentlech keng richteg Andeelung a Classique a Général. Heescht dat, datt et eng Zort Gesamtschoul ass? Kann een dat esou nennen? De sougenannten „Tronc commun“, wou d'Kanner also net mat eefle, zwielef Joer getrennt ginn, mee wou se zesummebleiwen, wou se vunenee léieren a profitéieren. Dat ass eis sympathesch. Et héiert een awer och, datt déi international Offer villméi eng Alternativ ass just zum Lëtzebuerger Classique, vu d'Programmer, déi net onbedéngt mat deenen aus dem Général ze vergläiche sinn.

A wat ass eigentlech mat der Formation professionnelle? Féinnt déi och hir Plaz an deem System? An natierlech och wichteg an hoffentlech net vergiess, an Dir hutt et virduen ugeschwat: Kanner mat spezifische Besoinen, mat spezielle Besoinen, d'Inklusioun an den europäesche Schoulen. Och déi Kanner müssen do hir Plaz fannen.

Här President, ech hunn et ugeschwat: Eng wichteg Fro, déi sech fir eis stellt, ass déi vun der Orientéierung. Wie gëtt an déi europäesch Schoulen orientéiert? Den Här Minister huet an engem rezenten Interview am „Land“ gesot, datt e sech géif wënschen, datt net méi no den Optiounen – Préparatoire, Général a Classique – orientéiert gëtt, mee och d'europäesch Schoulen hei mat abezu ginn.

Dir wësst, datt d'Orientéierung eppes ass, wat mir ganz um Häerz läit, eebe well et zur Chancengerechtigkeit bäidroen kann, mee awer och grad de Contraire bewierke kann. Mir brauchen dofir kloer Prozesser a Prozeduren. Et ka jo net sinn, datt ee Kand, well et ee gutt informéierte Schoulmeeschter huet oder eng Léierin a well dat Kand dann iwwer all Méiglechkeeten an all Optiounen perfekt opgekläert gëtt, datt dat dee richteg Choix mécht, dee fir hatt selwer gutt ass, an een anert Kand, wou den Enseignant vläicht grad net déi richteg Zäit huet oder dat vläicht net esou wichteg féinnt, datt dat Kand dann eebe Pech hat. An op een Internetsite verweisen ze ginn, op d'Portes ouvertes vun de Schoulen, dat ass fir mech eigentlech keng Alternativ. An ech fannen, datt dat och net wäit genuch geet an net systematesch genuch ass.

Also déi systematesch Informatioun iwwert d'Offer adresséiert sech, wéi gesot, net just un d'Schüler,

mee och un d'Elteren, an zwar net eréischt beim Passage vum Fondamental an de Secondaire, mee jo vill éischter, well déi europäesch Filière bidde jo och de Fondamental. Hei müssen d'Eltere wëssen, firwat et sech eventuell fir hirt Kand kéint lounen – oder eeben och net –, fir an esou eng an net an eng traditionell Lëtzebuerger Grondschoul ze goen. Op d'Maison de l'orientation kënnt an deem Sënn ganz sécherlech nach vill Aarbecht duer. Awer a mengen Ae geet et och méi wäit, well do müssen all déi concernéiert Acteure mat abezu ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, en eenheetlech Konzept fir de Bildungssystem zu Lëtzebuerg mat engem konsequente Curriculum, jo, dee géif ech ganz gär zeichnen. An ech mengen, datt dee vill Problemer an Ongewëssheete kéint ophiewen. Och den Observatoire vun der Qualité scolaire mécht jo do Recommandatiounen, déi een net sollt ignoréieren.

Dat alles geet natierlech net vun haut op muer. Mir sinn an enger Transitionphas an dofir mussen mer fir d'éischt emol klären, wéi vill Europaschoule mer nach brauchen a kréien, wéi d'Kanner herno ofschneiden, wa se hiren Examen de fin d'études maachen. A wann ech dat richteg verstanen hunn, komme jo elo déi éischt aus der Déifferdenger Schoul dës Joer eraus.

Fir d'nächst Fréijoer mécht de LUCET vun der Uni Lëtzebuerg jo eng Bestandsopnam vun den Europaschoulen, vun der Schülerschaft hirem Background, vun de Schüler hire Kompetenzen. An ech biede wierklech drëms, Här Minister, datt mer dee Bilan hei an der Chamber gesinn an och am Fong diskutéieren.

Ech komme bei d'Konklusioun. Dir gesitt, et stelle sech vill Froen fir eis ëm d'Europaschoulen, déi nach gekläert mussen ginn. Mee generell – dat wëll ech nach eng Kéier betounen – ënnerstëtze mir als LSAP dësene Bildungsweg. Mir sinn zu eiser Dräisprochegekeet. Awer eebe grad fir se ze retten, mussen mer se un d'Realitéit upassen.

An der Vergaangenheet ass ze dacks ausser Uecht gelooss ginn, datt dobäi eng ganz Rei Kanner a jonk Leit op der Streck bleiwen, net d'Chance op déi Ausbildung kruten, déi se vläicht wollten, oder guer keng a mat der Schoul opgehal hunn – Stéchwuert „Décrochage scolaire“ –, well se weinst Sproochproblemer vun Ufank u Retarden haten, respektiv vun Ufank u an der Grondschoul – an dat ass wuel dat Schlimmst, wat engem Kand fir säi Selbstvertraue geschéie kann – gewise kruten, datt se anscheinend net gutt genuch si fir eise System. Abee, wann dat esou ass, da muss een de System änneren, an net d'Kanner.

Ech kommen zum Schluss zréck bei d'Jonge virun der Mauer: den Tun an de Louis. An de Louis, dee méi Groussen, wann deen duerch seng Hierkonft keng Problemer huet, fir iwwert d'Sprochemauer ze kucken, ma dann ass dat jo tipptopp. Da begreisse mer dat. E soll och entsprechend geféiert ginn. Mee dat heescht net, datt den Tun, dee méi Klengen, net soll, net muss esou gehollef kréien, wéi hien et brauch, mam Argument, datt de Louis et jo och mat manner Problemer, mat manner Hëllef packt. Da loosse mer den Tun, a mat him ganz vill anerer, zack an d'Bildungsmauer rennen! Eng Mauer, an déi mer da fréier oder spéider och als Gesellschaft riskéieren ze knuppen. Dofir gëtt et elo héich Zäit, souwuel dem Tun wéi dem Louis déi Träppchen ze ginn, déi se brauchen, fir iwwert d'Mauer ze kommen.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren an deposéieren awer och nach eng Motioun vun den dräi Majoritéitsparteien, an där eis gemeinsam Positioun an och eis gemeinsam Vuen nach eng Kéier opgeléicht sinn.

Villmools merci.

## Motion 1

La Chambre des Députés,

– considérant l'hétérogénéité croissante de notre population scolaire qualifiée de « hyperdiversity » par les chercheurs de l'Université du Luxembourg ;

– considérant que le pourcentage d'élèves dont la première langue parlée à la maison n'est pas le luxembourgeois s'élève à 66,3 % ;

– rappelant les conclusions du « Bildungsbericht 2021 » de l'Université du Luxembourg qui se base sur les résultats des épreuves standardisées (EpStan) et selon lesquelles :

- le système scolaire luxembourgeois ne parvient actuellement pas à prendre entièrement en compte la diversité sociale, langagière et culturelle du pays ;
- les élèves issus de familles socialement défavorisées qui ne parlent ni l'allemand ni le luxembourgeois à la maison rencontrent le plus de difficultés dans notre système scolaire actuel ;

- l'alphabétisation en langue allemande au cycle 2.1 constitue de plus en plus un problème qui impacte de façon négative le parcours scolaire de ces élèves ;

- soulignant qu'il est de la responsabilité de l'État d'offrir un système éducatif public dans lequel chaque élève ait une chance de réussir, indépendamment de son milieu d'origine ou de sa situation socio-économique ;

- saluant dans ce contexte les efforts déployés par le Gouvernement en faveur d'une diversification de l'offre scolaire qui miroite la grande diversité des talents, intérêts et biographies langagières des élèves, et plus spécifiquement :

- le développement de nouvelles formations (p. ex. Section I, DAP Enfance etc.), l'introduction de nouvelles matières (Vie et société, Coding) et la modernisation des programmes ;

- le renforcement de l'autonomie scolaire par la « réforme Lycée » qui permet à chaque lycée de forger son offre scolaire ;

- l'introduction des programmes européens et britanniques et l'extension du programme du baccalauréat international ;

- la création des écoles européennes publiques EIDE à Differdange et Esch-sur-Alzette, EIES à Clervaux, EIMBL à Mondorf-les-Bains, LLIS à Junglinster, EIMAB à Mersch et la future création de l'EIGT à Luxembourg-ville qui accueillent désormais quelque 3.000 élèves et auront au final une capacité de plus de 8.000 places ;

- constatant que l'exode vers les écoles privées et l'étranger qu'a connu le système scolaire luxembourgeois pendant des décennies a pu être maîtrisé avec un nombre d'élèves fréquentant une école privée qui stagne depuis des années ;

- saluant l'investissement important dans le développement du système scolaire luxembourgeois et dans l'école publique, et plus spécifiquement la mise à disposition de plus de 4.000 postes supplémentaires par le Gouvernement pour l'Éducation nationale depuis 2017 ;

- constatant que les écoles européennes publiques connaissent une grande popularité et que la demande dépasse actuellement l'offre mise en place ;

- soucieux de donner à tous les enfants les meilleures chances de départ en garantissant la cohésion sociale et l'intégration dans la société luxembourgeoise ;

- s'appuyant sur l'expérience et les compétences des écoles européennes dans la scolarisation d'enfants issus de l'immigration notamment à travers l'alphabétisation en langue française,

invite le Gouvernement

- à s'inspirer du modèle des écoles européennes et internationales en développant, dans le cadre de projets

*pilotes, un concept pour l'enseignement fondamental offrant aux élèves du cycle 2 le choix d'opter soit pour une alphabétisation en allemand, soit pour une alphabétisation en français ;*

*– à analyser, dans le même esprit, quels autres éléments du modèle des écoles européennes et internationales pourraient être bénéfiques pour les élèves de l'enseignement secondaire ;*

*– à promouvoir la cohésion sociale et l'intégration en maintenant les enfants dans des groupes classes mixtes dans lesquels ils seront coenseignés dans un maximum de cours ;*

*– à maintenir les niveaux de langues reprises dans le plan d'étude actuel et d'assurer ainsi une orientation vers l'enseignement secondaire général ou classique ;*

*– à préserver le trilinguisme, fondement du système scolaire luxembourgeois ;*

*– à mener des projets pilotes ayant comme objectif d'évaluer le concept ;*

*– à tenir compte, lors de la conception des projets pilotes, de l'état de la recherche en matière de psycholinguistique et notamment dans le domaine de l'alphabétisation ;*

*– à faire évaluer et suivre les projets en question par l'Université du Luxembourg ;*

*– à présenter l'évaluation à la Chambre des Députés avant toute extension ou généralisation du projet pilote ;*

*– à veiller à ce que les conditions d'accès aux écoles internationales publiques soient transparentes ;*

*– à présenter, pour le printemps 2023, à la Chambre des Députés les premières analyses et évaluations du modèle des écoles internationales publiques telles qu'annoncées dans le « Bildungsbericht 2021 » ;*

*– à mettre en œuvre le concept d'une offre qualitative d'aide aux devoirs à l'échelle nationale pour les élèves de l'enseignement fondamental ;*

*– à continuer de promouvoir les initiatives existantes du MENJE visant à informer les élèves quant aux différentes offres scolaires.*

(s.) Francine Closener, Gilles Baum, Djuna Bernard, Tess Burton, Claude Lamberty, Josée Lorsché.

<sup>1</sup> MENJE 2021, Enseignement fondamental : Statistiques globales et analyse des résultats scolaires. Année scolaire 2019/2020

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Madamm Closener.

Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**Mme Martine Hansen (CSV) |** Jo, villmools Merci, Här President. Ech hunn elo keen Tun a kee Louis a kee Louise a keen Antoinette, mee ech fänken elo ...

(Interruption)

Och kee „klein Leo“.

(Hilarité)

**Une voix |** Wou ass de Leo iwwerhaapt? Deen ass net hei.

**Mme Martine Hansen (CSV) |** Ech bleiwen elo emol direkt bei den Europaschoulen. An een Zil vun den Europaschoule war et jo ëmmer, fir attraktiv ze bleiwen an och ze sinn hei zu Lëtzebuerg fir d'Expanten, déi mer hei brauchen – eis Économie brauch se –, fir deene Kanner eeben d'Méiglechkeet ze ginn, dass wann hir Elteren erëm heem an hiert Heemechtsland

ginn, dass déi do hire schoulesche Parcours kënne weiderféieren.

An da wësse mer awer och – an dat huet och d'Madamm Closener gesot –, dass mer och aner Kanner nach ëmmer haten an hunn, déi an international Schoule ginn, an dass do plazeweis definitiv d'Aschreiwungsgebühren horrend sinn. An an deem Sënn war et fir eis ëmmer och wichteg, dass wa mer eng Europaschoul hunn, dass et soll eng effentlech sinn, déi dann och soll gratis sinn.

Mir hunn och ëmmer gesot, dass et fir d'Chancëgerechtegkeet wichteg wär, dass déi Schoulen dann och accessibel si fir d'Kanner an dass mer duerfir eeben eng territorial Opdeelung brauchen, déi muss organiséiert sinn an déi net dierf dem Zoufall iwwerlooss ginn. An dat ass jo och ee vun de Punkten, no deenen d'Madamm Closener gefrot huet, „Stratégie d'implantation“ hat se dat genannt. Dat heescht, fir eis ass et wichteg, dass déi Schoulen och accessibel si fir d'Kanner. An ech hat vergiess Iech Merci ze soe fir ... Dat war den Tun an esou virun, de Louis, deen hat mech duerjernee gemaach. Mee merci nach eng Kéier fir d'Ufroer vun dëser Interpellatioun, déi trotzdeem ganz wichteg ass.

Ech soen awer och ganz kloer: Mir si géint eng weider einfach esou Multiplikatioun vun den Europaschoulen hei am Land, ouni dass déi tatsächlech Problemer an eisen effentleche Schoulen an och an eise Sproochenunterrecht ugepaakt ginn.

Ech muss nämlech och soen, ech war zimmlech erfëiert, wéi ech am Hierscht – ech mengen, et war am Hierscht – héieren hunn, dass niert deenen zwou neien Europaschoulen – mir kréien der elo sechs – nach annoncéiert ginn ass, dass och elo nach sollte Klassen op Belval an op Diddeleng kommen. An ech weess net genau, wéi dat dann eeben organiséiert war oder ob dat e bëssen Zoufall war.

Eebe richteg, net, well ech net de Bedarf gesinn. Well ech gesinn de Bedarf no enger flexibeler Sproochenoffer an de Schoulen, well, wéi gesot, de Sproocheproblem ass do an dee muss u senger Wuerzel ugepaakt ginn. Mee mir sinn awer dogéint, fir eng parallell Schoulwelt opzebauen, ouni eeben an deenen normalen effentleche Schoulen dat do unzepaken.

A genau duerfir hu mer eeben och gesot: Mir musse kucken, wéi eng Virdeeler hunn déi do Schoulen? A si hunn eng ganz Partie Virdeeler. Mee mir dierfen, wéi gesot, net déi parallell Schoulwelt opbauen, well da gi mer e bëssen eis Souveränitéit of, well mir kënnen hei net iwwert d'Schoulprogrammer mat diskutieren. Déi kréie mer jo och virginn. An ech denken, dass dat awer eppes ass, wat fir eist Land och extreem wichteg ass, dass mer selwer decidieren, wat an eiser Schoul gemaach gëtt. Wéi gesot, eng Multiplikatioun, dass wat mer elo hunn, ass net méi ganz normal. A ganz Europa gëtt et, wann ech Lëtzebuerg eraushuelen, 16 Europaschoulen. Mir hunn der elo hei zu Lëtzebuerg scho sechs a mir kréien nach zwou Klassen derbäi. Dat heescht, iergendwann hu mer der vläicht aacht an dat ass, mengen ech, net méi ganz normal.

Eis Gesellschaft huet sech geännert. D'Zesummesetzung vun eiser Gesellschaft huet sech geännert an eeben och eis Schoul muss sech änneren an eise Sproochenunterrecht muss sech änneren.

An da kommen ech bei deenen zweete Punkt vun der Madamm Closener hirer Interpellatioun, dass ass d'„Demande de plus en plus importante de ce modèle d'enseignement“. Ech hu gesot, jo, de Bedarf ass do no enger anerer sproochlecher Schouloffer an dat weise ganz einfach och d'Aschreiwungen. Mir hunn 2.500 Schüler, déi am Moment ageschriwwen sinn. Dat ass natierlech ënner anerem zréckzuféieren op d'Zesummesetzung vun eiser Gesellschaft, déi geännert huet, mee

awer net nëmmen dorobber, well een Drëttel vun de Kanner si ganz einfach Lëtzeburger Kanner, déi och deen do Schoulsystem sichen. A firwat sichen d'Lëtzeburger Kanner de Wee an d'Europaschoul? Dat ass genau déi Fro, déi d'Diane Adehm gestallt hat, wéi et ëm de Vott vun der Mierscher Europaschoul gaangen ass. An déi Fro, mengen ech, déi muss beäntwert ginn.

Wéi gesot, d'Europaschoul huet op deen éischte Bléck eng ganz Partie Virdeeler. Mir hunn ee Joer manner bis zum Bac. Ass do schon eng Kéier eng Analys gemaach gi vun de Programmer? Vläch kënne mer déi aner Programmer och eng Kéier e bëssen, ech wëll net soen ausmëschen, mee entschlagen.

(Hilarité)

Dann: Fir vill Elteren ass d'Ganzdaagsbetreueg wichteg. Och dat huet d'Madamm Closener ugeschwat. D'Ganzdaagsbetreueg ass wichteg. D'Europaschoulen offéieren dat. Do ass och eis Positioun ganz kloer. Mir haten e Walprogramm. Am Walprogramm hate mer geschriwwen: Mir wëlle gären, dass iwwerall am Land accessibel eng Ganzdaagsbetreueg offéiert gëtt fir d'Kanner, och am Sënn vun enger Chancëgerechtegkeet. Mir hunn dat bei de Kanner bis an de Cycle 4.2. Et gëtt eng ganz Partie Monoparentallen, déi och hei setzen, an déi wëssen och: Wann d'Kanner op Septième sinn, dann ass et net onbedéngt evident, wann déi um zwou Auer heemkommen a se setzen eleng do. Mee mir wollten awer keng verpflichtend Ganzdaagsbetreueg hunn. Also do hu mer e ganz konkreeten Ennerscheid gemaach. Wéi gesot, d'Ganzdaagsbetreueg ass e grouss Virdeel, se soll offéiert ginn, ass awer net onbedéngt eppes, wat muss nëmmen an enger Europaschoul gemaach ginn. Et gëtt jo och net nëmmen do gemaach.

Dann hunn dës Europaschoule Qualitéitskontrollen. Dat ass och eng ganz interessant Saach, déi gemaach gëtt. Et gëtt eng Direktioun an der Grondschoul, dass fanne mir extreem gutt, dass hu mir ëmmer erëm gefrot. Den Här Minister laacht. Deen huet déi leschte Kéier, wéi mer hei d'Motioun nach bruecht hunn, dunn huet den Här Minister gesot, hie bräicht an enger Grondschoul Basisdemokratie. Ben, wéi gesot, hei an der Europaschoul gëtt et dass dann net a se fonctionéieren awer gutt. A mir si fest dovunner iwwerzeegt – och nach eng Kéier –, dass mer an eisen effentleche Grondschoulen och eng Direktioun bräichten, dass mer och do eis effentlech Grondschoule géife stäerken. A virun allem huet eng Europaschoul vill méi e flexibele Sproochenunterrecht an eng aner Aart fir ze léieren.

Duerfir soen ech: De Succès ass do, an ech si perséinlech och iwwerzeegt, dass dat gutt ass. Ech hui eemol en hallwen Dag esou als Shadow-Schüler an enger Europaschoul an déi Kanner hate Spaass ze léieren.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Also sinn ech wierklech dovunner iwwerzeegt, dass dee Sproochenunterrecht, esou wéi en do ugepaakt gëtt, gutt ugepaakt gëtt. A genau duerfir soen ech awer och, musse mer de Sproochenunterrecht an eise traditionelle Schoulsystem reforméieren. Mir mussen iwwerhaapt e bëssen ëmdenken, wéi d'Kanner an déi Jugendlech am Allgemenge sollen an der Schoul léieren, mee ech bleiwen awer hei bei de Sproochen.

An dat ass dann den drëtten Punkt vun der Interpellatioun. Do steet dann « Recours à un enseignement de langues divergeant du système classique ». Wéi gesot, wat fir eis kloer ass, dass eis Méisproochegkeet. Eis Méisproochegkeet, do si mer eenzegarteeg hei zu Lëtzebuerg, do gi mer ganz dacks beneit. An dës Eenzegarteegkeet, déi solle mer bäibehalen. Et ass wierklech eng grouss Stærkt, déi mer hunn, mee et ass awer och – an dat wëssen, mengen ech, déi meescht hei – eng ganz grouss Erausforderung. An



dat gëllt souwuel fir d'Kanner mat Lëtzebuerger Hierkonft wéi och fir déi aner Kanner.

An ech ginn dat och gären zou: Et ass net eng kleng Erausforderung, de Sproochekonzept an engem offiziell dräisproocheg Land mat ville Leit mat Immigrationshannergrond, fir dat u sech ze erschaffen. Mee fir eis steet awer wierklech fest: Mir brauchen eng aner Aart a Weis, fir Sproochen ze léieren, an 2017 hat den Här Adam eng Interpellatioun zu de Sproochen ugefrot. Do war dat Ganzt schonn eng Kéier ugeschwat ginn a villes vun deem, wat do gesot ginn ass, ass nach ëmmer richteg. Duerfir wäert ech dat och elo sécherlech net alles widderhuelen.

Wat awer och feststeet, dat ass, datt ganz dacks d'Sproochen d'Hürd si fir vill Kanner, fir vill Jugendlécher, fir déi Ausbildung ze maachen, déi se gäre wéilte maachen. Mat Hëllef vun de Sproochen gëtt bei eis wierklech ganz dacks gesift. Dat ass vläicht en haarden Ausdrock, mee dat ass awer leider Gottes esou a ville Schüler gëtt duerch d'Sproochen hir Zukunft verbaut.

An da widderhuelen ech awer eppes, wat ech 2017 scho gesot hunn. Ech hunn deemools e fréiere Conseiller de gouvernement vum Educationministère zitëiert. Deen hat gesot: „Weeder an der Grondschoul nach am Lycée hunn d'Kanner Franséisch gären. Si haassen, verabscheuen et souguer.“, sot en, a „Wéi kann ee Freed un enger Sprooch vermëttelen, wou an éischter Linn emol op e Koup vu Reegelen an Norme gepocht gëtt?“ An du sot en och nach, esou wéi mir d'Sproochen géife léieren, géife mer et souguer fäerdegbréngen, datt e Fransous mat senger Mammesprooch d'Flemm hätt.

*(Hilarité)*

An dat war een, deen am Educationministère geschafft huet. A leider Gottes ass et awer zum Deel nach ëmmer esou.

Ech hat och elo nach eng Kéier mat engem Sproochewëssenschaftler geschwat. An dee sot: „Mir léieren déi Sproochen nach ëmmer mat deene leidege Vokabellëschten.“ En huet gesot: „Kuckt emol eng Kéier, wou kënnt dat hier, déi Vokabellëschten?“ Déi Vokabellëschte kommen hier vun deene Leit, déi als éischt Sproochen geléiert hunn, dat waren d'Pateren, déi pilgere gaange sinn. Déi hunn e Buch geholl an hunn do opgeschriwwen an enger Sprooch an dann an enger anerer Sprooch an haten hiert Bichelchen dann dobäi. Wéi gesot, mir sinn aus dem Zäitalter vum Pilgeren eraus. Ech mengen, do sidd Der alleguer mat eis averstannen.

*(Brouhaha)*

Mir hunn aner Moyenen an duerfir muss och eise Sproochenunterricht do ugepaakt ginn. Wéi gesot, d'Problemer sinn do an ech géif och wierklech soen, se sinn erkannt, well soss hätte mer keng sechs Europaschoulen. Se sinn erkannt, mee et muss an eisen Aen, an deenen normalen ëffentleche Schoulen dru geschafft ginn, fir do Reformen ze maachen an net einfach parallell dat anert opzebauen.

Ech ginn einfach just op néng Punkten an. Ech wëll awer och nach soen: Mir hunn och aner Lycéëen, wou mer kënnen eis Virbiller huelen, zum Beispill de Lycée Ermesinde. Dat ass elo keng Europaschoul, mee déi huet och eng aner Aart a Weis, fir Sproochen ze léieren. An do wär et och ganz interessant, emol eng Kéier ze wëssen, fir do ee konkrete Bilan ze maachen an och fir do ze kucken, wat kënne mer do eraushuelen?

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Dat heescht, mir solle knäpen. Normalerweis soll een dat net an der Schoul, mee hei solle mer knäpen. Mir solle knäpe vun den Europaschoulen – wat ass do gutt? A mir

solle knäpe vun dem Lycée Ermesinde – wat ass do gutt? An da solle mer kucken, fir dat eriwuerzeshuelen an eisen normalen ëffentleche Schoulssystem.

A wann ech hei d'Majoritéit héieren hunn, da géif ech mengen, si sinn och där Meenung. An ech hat souguer virdrun den Här Minister héieren. Ech mengen, dee wär ...

**M. Claude Meisch**, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | An ech och, gesitt Der emol.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Dee war och där Meenung an dat ass jo wierklech net dacks de Fall, datt mir enger Meenung sinn. Mee hei géif ech wierklech soen, ...

**M. Claude Meisch**, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Dann huet de Mëtten hei schonn eppes bruecht, gesitt Der emol.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | ... knäpen an eppes iwwerhuelen. Ech ginn awer lo trotzdeem nach op e puer Punkten an.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Kënne mer en Accord ënnerschreien?

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Nee, Här Minister – Här President, pardon!

*(Hilarité)*

Éischters mussen mer eis wierklech och an eise normale Schoulssystem nach eng Kéier d'Fro stellen: Brauche mer alleguer déi Onrengelméissegkeeten, déi verschidden Zäiten? Ech hunn do an der Europaschoul nogekuckt. Do léieren d'Kanner emol am Ufank eng Zäit am Futur, de Futur simple, eng Zäit an der Gégewaart, den Indicatif présent, an eng Zäit an der Vergaangenheet, an da kënne se schwätzen. Da kënne se eppes domadder ufänken. A firwat maache mir dat net och?

Zweetens, an dat awer och am Sënn vun der sozialer Kohäsioun, fannen ech nach ëmmer oder fanne mir, datt dat Lëtzebuergesch eng wichteg Sprooch ass fir ze integréieren, an do huet eise Cycle 1 eng ganz wichteg Bedeitung.

Mir sinn eis eens hei, denken ech, datt mer dat mussen bäibehalen. Mir brauchen eng gemeinsam Sprooch, soss hu mer keng sozial Kohäsioun, an déi gemeinsam Sprooch soll dann och dat Lëtzebuergesch sinn.

Drëtters, wat de Sproochenunterricht allgemeng ugeet, do denken ech, wär et sënnavoll, wa mer eis einfach emol géifen e bësse méi un deem Europäesche Referenzkader orientéieren. Ech hat mat där deemo-leger Directrice vum Centre de langues eng Kéier e längert Gespréich doriwwer. Leider ass se gestuerwen. Mee déi sot mer, wa mir dat géife maachen, da géife mer automatesch an eise Schoulen op eng aner Aart a Weis Schoul halen, eng aner Aart a Weis huelen, fir d'Sproochen ze léieren an och fir se ze evaluéieren. Also solle mer dat maachen.

Am Moment soe mer, wann een e Bac huet, da kritt en den C1 – soen ech emol einfach – am Franséischen. Mee verschidden Unien huelen dat schonn net méi un, dat heescht, et muss ee souwisou kucken, datt een et nach eng Kéier zertifizéiert. An op där anerer Säit stëmmt et och net. Do huelen ech wierklech nach eng Kéier d'Beispill vun der Madamm Delvaux, déi dat eng Kéier 2006 gepréift hat. An ech mengen, ech fäerten, dat hätt sech net verbessert. Dat ass 2006 gepréift gi bei eise Classiquesschüler an do hatten ... Also den C1, dat ass jo dat, wat een am Prinzip bescheinigt kritt. Do hate ganz genau 20 % den C1 vun de Classiquesschüler. Also ass et eppes, wou mer soen, mir peilen et un, mee dann ass et och nach e

bësse schäinhelleg. Dat heescht, mir erreechen et och nach net an da mussen mer eis awer och nach froen: Firwat erreeche mer dat net?

Da véiertens: An der Europaschoul hunn d'Schüler, déi e Bac maachen, de Choix tëschent enger éischter Sprooch um héijen Niveau an enger zweeter an enger drëtter Sprooch mat engem manner héijen Niveau. Déi Jugendlécher, déi kréien dee Bac. Bei eis kréiche se da kee Bac, well bei eiser Reform vum Secondaire hu mer drop ... oder net mir, mir haten eng Propos gemaach. Mee do gëtt nach ëmmer drop gepocht, datt se an zwou Sproochen müssen den héijen Niveau C1 hunn, wat, wann ech d'Resultater vun der Madamm Delvaux hirem Test jo do kucken, irrealistes ass. Dat heescht, ech denken, mir sollen och do eng Reform maachen an och an eise Klassen System de Sproochenunterricht méi flexibel gestalten an och do d'Ufuerderungen méi flexibel gestalten. Firwat net och do soen, de Schüler huet e Choix, mindestens eng Sprooch muss um C1 sinn? Hie kann der dräi um C1 maachen, mee e muss mindestens eng um C1 maachen an déi aner kann en een Niveau ënnendréiner maachen. Da geheie mer se net duerch, wa se an enger zweeter Sprooch e Problem hunn.

An da muss een natierlech wëssen – an do si mer awer genau esou strikt: Een, dee wëll Enseignant ginn, dee muss en C1 am Däitschen an am Franséischen hunn. An dat misst een dann och kloer soen, mee dat ass am Moment och net méi de Fall. Dat heescht, am Moment mécht en e Bac, souwisou huet en net den C1, och wann den C1 zertifizéiert gëtt, an e kann awer Enseignant ginn.

Dat heescht, ech hu léiwer, mir sinn éierlech a mir soen eng Sprooch um héijen Niveau, mindestens eng, et kann een der méi maachen, mee dann erreecht een déi och.

An da kommen ech bei de fënnefte Punkt, da brauch ech en differenzéiert Schaffen. Am Moment gëtt et am Enseignement général jo schonn Niveau de base an Niveau avancé an de Sproochen an an der Mathé. Dat klappt awer nëmmen – an dat kann ech awer aus eegener Erfahrung soen –, wann een da wierklech d'Gruppen och esou mécht. Wann een eng Klass huet, wou ee seet, mir schaffen zwar differenzéiert, mee da kréien déi Staark einfach e bësse méi Aufgabe wéi déi Schwaach, da soen ech Iech: Déi Staark, déi si jo och net esou domm. A meeschtens räissen déi sech net ëm déi zousätzlech Aufgaben an da wäerten déi scho kucken, datt se net zousätzlech Aufgabe mussen maachen.

A wann ee se awer wierklech separat differenzéiert a seet: „Dat do ass e Groupe de base. Ech maache wierklech mat deene méi lues, fir datt se nokommen, an da peilen ech en anert Zil un. An déi Staark, ma déi puschen ech och an hirer Grupp.“ – dat ass natierlech eng aner Schoulorganisatioun. Da muss ech zum Beispill op Septième alleguer d'Franséischcourse parallell lafe loossen an ech deelen se dann a Gruppen op. Dat ass awer esou, wéi et fonctionéiert, an da muss een, soen ech, de Schoulen och déi néideg Moyenen zur Verfügung stellen, fir dat kënnen anescht ze organiséieren.

Da kommen ech bei de sechste Punkt, Här President: d'Motivatioun, also wierklech déi emotional Astellung vun de Schüler zu enger Sprooch. Déi hëlleft jo wierklech, datt een d'Sprooch léiert. Dat ass jo net nëmmen an der Schoul esou. Ech mengen, dat ass an der Politik esou, dat ass am Sport esou: Wann een net motivéiert ass, da fält alles zimmlech schwéier.

An da kann ech Iech just soen, ech hat eng Klass déi lescht Woch bei mer. Du sot déi mer: „Mee Madamm Hansen, mir hu keng Loscht, iergendeng Literatur aus dem 18. Joerhonnert ze liesen.“ A wa si keng Loscht

hunn ... Ech weess, d'Liewen ass kee Kichelchen, et muss een och Saache maachen, wou een net ëmmer Loscht huet. Mee wann ee keng Loscht huet, da léiert een dat jo net. A brauch ee wierklech déi Literatur aus dem 18. Joerhonnert, fir eng Sprooch ze léieren? Dat mengen ech net.

Oder ech ginn Iech en anert Beispill am Däitschen, vun enger Deuxième. Da kënt do en Text : „Komm in den totgesagten park und schau: / Der schimmer ferner lächelnder gestade / Der reinen wolken unverhofftes blau / Erhellet die weiher und die bunten pfade.“ Sou, kënt Der do – stellt Iech just vir – déi Jugendlech vun 18 Joer begeeschten?

**Une voix** | Ma jo.

**Une autre voix** | Nee.

**Une troisième voix** | Mech net.

(Brouhaha)

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Also ech verstinn, datt ee se schwéier kann domadder begeeschten.

(Interruption par M. André Bauler)

A virun allem verstinn ech och, datt een net onbedéngt domadder d'Sprooch léiert. Et léiert ee ganz aner Saachen, mee dat kann een och an engem anere Fach maachen. Duerfir soe mer, et misst een och emol eng Kéier eng kloer Trennung maachen tëschent Literatur an deem rengen Sproocheléieren an dann och vläicht do de Choix looszen.

Mir brauchen eng Diskussioun iwwert d'Bedeutung vum Engleschen. Dat ass kloer. Kënne mer eis wierklech nach erlaben, dat Englescht e bësse méi stéifmüterlech ze behandelte vis-à-vis vum Franséischen? Ech mengen, do kann een iwwert d'Aféierung vum Engleschen op Septième nodenken. Et kann een och an de Berufsausbildung mam Englesche kucken, ob een et net och do soll offréieren.

Ech komme bei den aachte Punkt. Ech hu mat Enseignantë geschwat aus der Europaschoul a mir wësse jo, d'Europaschoul preparéiert op de Bac. Déi sote mer, et séizen awer och Schüler do, déi kéinten e Bac net packen. A mir haten déi Diskussioun bei der éischter Europaschoul zu Déifferdeng, wou ech gesot hunn ... Ech hat deemools bei engem Direktesch aus Däitschland ugeruff an du sot déi zu mir: „Wann Dir zu Lëtzebuerg jiddwereen unhuet, och deen, dee vläicht kee Bac ka packen, dann ass dat Augenwischerei.“ Dunn hu mer gesot: „Ma mir mussen awer wannechgelift deene Kanner richteg Perspektiv ginn, wann déi an déi international Schoul do kommen, och wann et awer zimmlech feststeet, datt se vläicht kee Bac packe kënnen.“ An déi Perspektiv hunn ech e bëssen nogekuckt, déi ginn et awer nach net richteg. Wann déi Engleschsproocheg d'Sektioun gemaach hunn an déi packe kee Bac, dann hunn déi keng Risenawiel vu Beruffer, déi se kënne maachen duerno.

Dat misst een de Schüler, denken ech, awer ganz kloer an transparent och soen, wa se sech virstellen oder wa se an déi Schoul erakommen. Wann ech dat richteg gekuckt hunn, dann hu mer genau zwou engleschsproocheg Ausbildungen um Niveau vum Technicien. Dat ass am Emile Metz. Mir hunn der zwou um Niveau vum DAP. Dat ass da Restaurateur a Commerce am Lycée technique vu Bouneweg. An um CCP hunn ech elo keng fonnt. Dat heescht, wann déi Kanner de Bac net kënne maachen, da ginn déi, wa se um Niveau DAP sinn, entweder op Commerce oder se ginn an d'Restauration. Soss hu se kee Choix. Dat muss een deenen och soen, wa se an d'Schoul kommen!

An dat bréngt mech da bei mäin néngte Punkt, wou ech dann erëm e bësse bei deen normale Schoulsystem kommen, wou ech da soen: Ier mer elo iwwerall

engleschsproocheg Ausbildungen vläicht an deem do Beräich opbauen, misste mer et awer och emol fäerdegbréngen, genuch franséischsproocheger unzbediden. An do ginn ech Iech ee Beispill vum engem Jong, deen zu Éilwen an engem Foyer ass. Dee mécht eng DAP-Ausbildung als Mechatroniker. Dee firt da vun Éilwen aus op Belval, well zu Ettelbréck géif se nach eventuell ugebuede ginn, déi hunn awer keng. Dee firt op Belval. Sāi Kolleg, dee mécht e CCP, dee muss souwisou op Belval, dee gëtt et just zu Belval. An dee firt dann erëm op Wolz an eng Garage seng Ausbildung maachen. Dat ass net ze maachen.

An ech fanne wierklech, datt mer mol do mussen upaken. Mir hunn an eise normale Schoulsystem e Rischantier. Dee Jong, dee muss um 5.15 Auer opstoen. Ech hu gekuckt: 6.05 Auer geet den Zuch. E firt da mam Zuch. Dann ass en ëm 7.55 Auer do. Dann dāerf den Zuch nach keng Verspēidung krēien. Dunn ass en déi leschte Kēier eng Kēier ageschlof, do krut en nach eng Retenue. Mee dat ka jo net sinn! Dat heescht, ech denken, do hu mer immens vill Chantieren an eiser traditioneller Schoul, déi mussen ugepaakt ginn, ier mer wierklech dann eng parallell Schoulwelt opbauen.

Wēi gesot, eng Multiplikatioun vun den Europaschoulen ass vlāicht den einfache Wee, mee dat aleng ass net dee richtige Wee. Als CSV gesi mir dat op jidde Fall net als déi allgemeng Lēisung. Mir sollen dat, wat an den Europaschoule gutt leeft, mengen ech, iwwerhuelen an deen anere Schoulsystem a mir sollen deen upassen, well mir brauchen eng staark ēffentlech Schoul – eng staark ēffentlech Schoul, déi fir all d'Schüler do ass. Wēi gesot, dat brauch, mengen ech, vill Diskussiounen. Dat brauch och Diskussiounen mat de Gewerkschaften. Et brauch een e laangen Otem, mee fir eis Jugendlech an och fir eis sozial Kohāsioun ass dat noutwendeg. Eis Mēisproochegkeet ass, ech soen et nach eng Kēier, wierklech eis grouss Stāerkt. Et ass awer och e groussen Defi. Mir musse se bāibehalen, ouni datt et eng oniwierwannbar Hürd gētt fir eis Kanner a fir eis Jugendlech an duerfir, soen ech nach eng Kēier, musse mer an eise traditionelle Schoulsystem Reforme maachen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och der Madamm Hansen. An nächste Riedner ass den Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**M. Claude Lamberty (DP)** | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech ka mech nach gutt erēnneren, wēi ech – jo, et si scho méi wēi 20 Joer hier – déi éischte Kēier virun enger Klass stoung. Ech war am Stage am deemolegen ISERP an et war eng Klass zu Hesper. A jo, ech war liicht nervös! Liicht nervös, well et kennt een déi Kanner jo net onbedēngt, déi een dann déi nächst Wochen huet dierfe begleeden. Mee och ouni meng Stageschüler virdru kann ze hunn, konnt ech awer deemools mat ganz grousser Warscheinlechkeet dovun ausgoen, dass vill Kanner an der Klass net nēimme Lëtzebuergesch géife verstoen, mee och Lëtzebuergesch als éischt Sprooch, als Mammesprooch doheem géife schwätzen.

D'Warscheinlechkeet war grad esou grouss, dass déi allermeeschte vun hinne scho Kontakt mat der dāitscher Sprooch hatten, sief dat duerch dāitsch Mickeymausen op der Televisioun oder well se halt schonn dāitsch Bicher, Kannerbicher virgelies kruten.

Ech wēll awer elo hei kee falsch Bild vermētten. Och viru gutt 20 Joer gouf et Schüler, och zu Hesper, mat internationale Wuerzelen – meeschtens portugiesesch oder italieenesch Wuerzelen – an der Klass. Den Undeel vu Kanner aus net lëtzebuergesche Famillje war

also insgesamt éischter gerēng. Wat eleng d'Sproochekompetenze vun de Kanner ugeet, stoung ech deemools also virun enger relativ homogeenen Grupp vu Schüler.

Natierlech hat jiddwer Schüler seng ganz individuell Stāerkten a seng Schwächen, mee wat d'Sproochverständnis vum Lëtzebuergesch oder Dāitschen ugeet, konnt ech si plus ou moins op engem nāmmlechten Niveau ofhuelen.

Haut ass d'Situatioun eng ganz aner. D'Interpellantin Francine Closener, dāi ech op dēser Plaz e ganz grouse Merci fir d'Demande vun dēser Interpellatioun wēll soen, ass jo och schonn dorop agaangen.

Dēi lescht 15 Joer ass effektiv d'Unzuel vu Schüler, déi net Lëtzebuergesch als Mammesprooch hunn, nach eng Kēier staark an d'Luucht gaangen. Dat weisen och d'Zuele vum Educatiounsministère. Nēmmen 33 %, also knapp en Drēttel vun alle Grondschoukanner hunn zejoert uginn, dass si Lëtzebuergesch als éischt Sprooch doheem géife schwätzen. Virun zēng Joer louch dēsen Taux bei 42 % an 2003 souguer bei ganze 60 %.

Mir gesinn also, dass sech eis Schülerschaft, Schülerlandschaft a Schülerschaft an de leschte Jore staark verānnert huet. Dat ass keng Interpretatioun, dat ass e Constat. War dofir frēier alles besser? Mat Sécherheet net!

Wann ech haut an e Klassenall kucken, an egal wēi een, da gesinn ech do, genau wēi deemools, d'Spigelbild vun eiser Gesellschaft. Mir hunn haut eng aner Gesellschaft. Mir hunn eng multikulturell Gesellschaft, eng Gesellschaft, déi duerch hir Diversitéit eist Land op esou villen ēnnerschiddlechen Niveaue berāichere kann, sief dat kulturell, ekonomesch oder eeben och sproochlech.

D'Villfāltigkeet vun eise Land mécht eis eenzegaarteg. Si zeechent eis aus. Jo, si ass eis Stāerkt, a mir kënnen a sollen allegueren houfreg dorop sinn.

Här President, déi homogene Approche, wēi se iwwer Joerzēngten an eise Schoulen ugewannt gouf, déi koum un hir Limiten. De Schoulsystem, esou wēi mir e kann hunn, an deen och sécherlech seng Meritten hat, ass fir verschidde Schüler och haut ēmmer nach gutt, mee leider net fir jiddwereen.

Wann een zu deene Glēckleche gehēiert, tant mieux. Wann een awer leider zu deene gehēiert, déi sech am – ech nennen dat elo emol – klassesche System net esou gutt erēmfont hunn, dann hat ee frēier drāi Choixen.

Deen éischten: Entweder et huet ee sech mat vill Méi duerch d'Rouagē vum klassesche Schoulsystem gequetscht, mat allen Niewewierkungen, nennen ech et emol, déi derzou gehēieren: vill Gejēimers, vill Frust, vill Verzweiflung, an et riskēiert een oder et huet ee riskēiert zum Decrochage ze kommen.

Eng zweet Méiglechkeet: Et huet een am Ausland eng Schoul offer fonnt; eng Schoul offer, déi sengem Profil dann do entsprach huet. Dat ass iwwerengs eng Realitéit gewiescht. Nach 2016 waren et iwwer 3.000 Schüler, déi hei zu Lëtzebuerg gewunnt hunn an an enger Schoul iwwert der Grenz ageschriwwen waren. Dēs Kanner hunn einfach keng Offer an eise staatleche Schoulsystem fonnt a sinn dofir an d'Ausland gewieselt. Dat ass u sech tragesch! De Staat konnt do senger Verantwortung net nokommen.

Den drētte Choix war eng Privatschoul, meeschtens eng Privatschoul hei am Land. Dat louch awer da manner un engem selwer, mee éischter um Portmonni vun den Elteren. Déi Schoulen, déi sinn och haut nach net geschenkt. Kanner aus sozial méi schwachen oder



bildungsfremde Familjen haten oft keen Auswee. De soziale Lift ass also da ganz séier um Rez-de-chaussée hänkebliwven.

Dëse Choix hunn iwwregens net nëmmen auslännesch Kanner missen treffen, dorënner waren och ganz vill Lëtzebuerger, déi an eiselem klassesche Schoulsystem net glécklech gi sinn.

Am Joer 2000 waren zu Lëtzebuerg ronn 5.000 Schüler an enger internationaler Privatschoul ageschriwwen. Am Schouljoer 2013/2014 waren et der scho bal 11.000. Dat ass eng Verduebelung vun der Schülerzuel innerhalb vu knapps 15 Joer.

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

Natierlech ass och d'Gesamtschülerschaft geklommen, mee awer net an deem Mooss. De Constat, dee war also kloer an domat och den Optrag: Wann d'Schoulpopulatioun an d'Profiler vun de Schüler sech verännere, da kënnen d'Schoulen net méi déi selwecht bliwven.

Här President, wéi ech dës Ried virbereet hunn, hat ech mer och e puer Geschichte vum klengen Leo oder aneren iwwerluecht. Mee ech hunn dunn eng vläicht besser Illustratioun fonnt.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Claude Lamberty** (DP) | Elo lauschtert awer gutt no!

*(Hilarité)*

**Une voix** | Jo.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Et ass d'Geschicht vum Pinguin.

**Une voix** | O!

**M. Claude Lamberty** (DP) | Et ass awer net meng Geschichte. Et ass eng Geschichte vum Kabarettist, deen awer och Dokter ass, den Dokter Eckart von Hirschhausen.

**Plusieurs voix** | A!

**Une voix** | Dat war e gudde Mann.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Dir hutt richteg héieren: eng Pinguinengeschicht! A se passt wierklech absolutt zu dem Sujet vun haut.

Wourëm geet et? Wéi ech gesot hunn, den Dokter-Kabarettist huet an där Geschicht beschriwwen, wéi en eng Kéier am Zoo war. Also d'Geschicht hat och nach eng Virgeschicht, mee déi erspueren ech Iech elo, déi kuckt Der no. Ech fänken do un, wou en am Zoo war.

**Une voix** | Déi gouf scho gezielt.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Do huet en e Pinguin ... Ass se scho gezielt ginn? Mee et sinn der bestëmmt vill, déi se nach net héieren hunn, dofir lauschtert awer gutt no!

*(Interruptions diverses)*

**Une voix** | Dat war vläicht en anere Pinguin.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Vläch war et dunn en anere Pinguin.

**Une autre voix** | Pinguinen hunn ëmmer e Frack un.

**Une troisième voix** | Dat ass eng Geschichte vum ...

*(Hilarité)*

**M. Claude Lamberty** (DP) | Kommt, mir bliwven elo emol ganz kloer beim Pinguin!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Also, mir si ganz gespaant.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Ech fuerderen Iech jo och e bëssen eraus. Mee Spaass bäisäit, se huet en eeschten Hannergrond.

Den Dokter von Hirschhausen huet de Pinguin gesinn, en huet en observéiert an huet sech seng Gedanke gemaach: „relativ kleng Gestalt, kann net immens gutt goen, huet zwar Flilleken, mee kann net wäit fléien, a Knéie goufe beim Pinguin komplett vergiess.“

Hien huet de Pinguin doropshin, esou wéi hien et selwer beschreift, als eng Aart „Feelkonstruktioun“ ugesinn. Allerdéngs ass hie relativ séier vun där Meenung ofkomm, wéi de Pinguin bis an d'Waasser gesprongen ass. E beschreift et: „Wéi de Pinguin bis a sengem Element war, konnt hie sech mat enger extremer Liichtgeet am Waasser fortbeweegen.“ Hien huet dunn e bësse recherchéiert an erausfonnt, dass d'Pinguinen enorm Distanzen am Waasser kënnen zréckleeën. An esou huet hien de Begrëff „Feelkonstruktioun“ emol direkt gestrach.

Dat huet hien zwou Saache geléiert: éischstens, wéi séier een dach iwwer een aneren urteelt a wéi komplett dernieft een domadder ka leien, an zweetens, wéi wichteg engem säin Ëmfeld ass, fir iwwerhaupt kënnen seng Stärkten auszespillen. A genau dorëms geet et bei der Diversifikatioun vum éffentleche Schoulsystem!

Du këns als Kand op d'Welt mat all denge Stärkten an och mat all denge Schwächen, déi s de hues. Mee wann s de net an demeng Element bass, da kanns de seng Stärkten och net richteg developpéieren. D'Zil muss et dofir sinn, engem Schüler en Ëmfeld ze schaffen, wou hien net vu virera benodeelegt ass, mee wou e ka säi Potenzial voll entfalten. A genau dorëm geet et!

Léif Kolleginnen a Kollegen, ech leeën Iech déi Geschicht, fir déi, déi se schonn héieren haten, mee och all deenen anere wierklech un d'Häerz. Se ass, wéi gesot, vun Dokter Eckart von Hirschhausen. Kuckt Iech et un! Lauschtet Iech et un! Et ass derwäert.

Zréck bei meng Ried: Här President, mir sinn als DP der fester Iwwerzeugung, dass et dem Staat seng Verantwortung ass, fir déi éffentlech Schoul esou auszeriichten, dass all Kand, onofhängeg vu senger Hierkonft oder vu sengem sproochlechen, kulturellen Hannergrond, eng Chance huet, an eiser Schoul ze reusséieren. Dat ass fir d'Demokratesch Partei eng Häerzensueeleenheet. Deem huet sech de Minister Claude Meisch och ugeholl.

Ënnert dem Slogan „Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“ huet den Educatiounsministère an de leschte Jore grouss Efforte gelescht, fir d'Offer vum Lëtzebuerger éffentleche Schoulsystem eeben ze diversifizéieren, méi villfältig ze maachen.

Eis éffentlech Bildungslandschaft ass an der Breet gewuess, fir méi Offere fir d'Kanner ze hunn, jee no Charakter a jee no Stärkte vum Kand. Jo, eise Schoulsystem huet ënnert dem Claude Meisch innovéiert. Mir bidde jiddwerengem eng Plaz a sengem Element un, an dat innerhalb vum éffentleche Schoulsystem.

D'Zäit geet mir leider net duer, fir op all Projet am Detail anzugeen. Awer e puer Elementer erausgeholl:

Ugefaange bei der Lycéesreform, déi de Schoule méi Autonomie ginn huet, fir sech hirer spezifischer Schoulpopulatioun unzupassen. Ech denken och un d'Aféierung vun den europäeschen a brittesche Programmer oder un de Bac international. Déi gréissten Innovatioun ass awer a mengen Aen d'Aféierung vun den éffentlechen europäesche Schoulen. Dat ass fir mech eng richteg Successstory.

Fir de Besoin vum eiser ëmmer méi heterogeener Schoulpopulatioun gerecht ze ginn, huet den Educatiounsministère 2016 déi éischt éffentlech Europaschoul zu Déifferdeng ageweit. Et ass de Moien oder de Mëttag scho gesot ginn. Et war deemools net jiddweree begeeschtert heibannen!

Zwee Joer drop hunn dräi weider Schoulen nom europäesche Modell hir Dieren opgemaach: d'École internationale Edward Steichen zu Clierf, d'École internationale au Munneref an de Lënster Lycée. D'lescht Joer dunn ass eng fénneft Schoul zu Miersch derbäikomm. A fir d'Rentrée 2022 ass eng sechst geplangt. Mat der École Gaston Thorn kënn eng éischt éffentlech Europaschoul an d'Stad Lëtzebuerg, a soumat wäert déi europäesch Offer vu September un a sämtleche Regiounen vum Land ugebuede kënnen ginn.

Här President, ech wëilt nach op e puer Prinzippe vun dese Schoulen agoen. Déi komme vläicht am éffentlechen Debat heiansdo ze kuerz.

Éischstens, et kann een et net dacks genuch widderhuelen: Déi sechs Schoule sinn en Deel vun eiselem éffentleche Bildungssystem. Genée wéi eis traditionell Schoulen, wa mer se esou wëllen nennen, sinn et éffentlech Schoulen, déi fir jiddwereen – ech betounen: fir jiddwereen! – op sinn. D'Schüler müssen also net déi sëllegen Opnamkrittären erfëllen, wéi dat bei privaten Europaschoulen hei zu Lëtzebuerg oder och am Ausland de Fall ass. Si si fir jiddwereen accessibel a se si virun allem fir jiddweree gratis! Dat muss een ëmmer nees ënnersträichen! Am Géigesaz zu de privaten Schoule brauchen d'Schüler hei kee Minerval ze bezuelen. Et ass also och keng Fro vum Portmonni vun den Elteren.

Zweetens: Och d'Integratioun vun de Kanner a jugendleche spillt eng wichteg Roll an dese Schoulen. An den éffentlechen Europaschoule gëtt dofir immens vill Wäert op d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch geluecht. Hei müssen d'Schüler vum éischte Joer Grondschoul bis zum drëtten Joer Lycée u lëtzebuergeschen Coursen deelhuefen. D'Roll vum Lëtzebuerger als Integratiounssprooch gëtt also och an dese Schoulen absolutt gestärkt.

Här President, déi éffentlech Europaschoule bidden eng enorm Plus-value fir eise Bildungssystem. Et ass e Konzept, dat ville Schüler besser Chancë ka bidde wéi dee sougenannte klassesche Lycée. E Konzept, mat deem mir nees e Stéck méi Kohäsioun a Gerechtegkeet an eist Land bréngen, well mir net dës le départ enger ganzer Partie vu Schüler ..., well mer déi do net verléieren, déi net de passende Profill hunn, fir an deenen – entre guillemets – „reguläre“ Schoule kënnen Fouss ze faassen.

Här President, et ass also net verwonnerlech, dass d'Demande fir den europäesche Modell an de leschte Jore staark an d'Luucht gaangen ass. Ronn 2.400 Schüler waren zejoert an enger éffentlecher Europaschoul ageschriwwen, dovunner 1.400 am Secondaire an 1.000 am Fondamental. 2018 waren et der am Ganze ronn 990. Also huet sech d'Unzuel u Schüler an nëmmen zwee Joer méi wéi verduebelt.

Zu Lëtzebuerg gëtt et de Moment dräi verschidde Sproochesektiounen an den aggregéierten Europaschoulen: Däitsch, Franséisch an Englesch. Och wann déi meeschte Schüler haut an enger franséischer Sektoun ageschriwwen sinn, esou gewënn déi englesch dach rapid un Nowuess. Zejoert hate mer ronn 1.200 Schüler am Franséischen, 800 am Engleschen a 400 op enger däitscher Sektoun.

Dës Zuelen, léif Kolleginnen a Kollegen, weisen also kloer op de Succès vun den internationale Schoulen hei am Land hin. Et besteet eng reell Demande fir dese Modell!

Et ass bää Wäitem och net esou, dass just Friemsproocheschüler an dese Programmer interesséiert sinn. Et gëtt och ëmmer méi lëtzebuergeschen Schüler, déi léieren an eng Europaschoul wéi an den – entre guillemets – „klassesche“ Lycée ginn, an dat aus ganz ënnerschiddleche Grënn.

Op där enger Säit hu mir do Jonker, déi eng berufflech oder akadeemesch Karriär am Ausland an Aus-sicht hunn an déi dofir exzellente Kompetenzen am Engleschen oder Franséische wëllen entwéckelen. Op där anerer Säit gëtt et och Schüler, deenen d'Gesamtkonzept vun den Europaschoulen einfach besser läit. Den neie Lycée zu Miersch zum Beispill gouf als Ganzdaagsschoul konzipéiert, wou d'Schüler da vu moies aacht bis owes sechs betreit ginn. Nieft dem normalen Unterricht ginn hei verschidde sportlech, kulturell a wëssenschaftlech Aktivitéiten ugebueden, awer och zousätzlech fakultativ Schoulstonnen, Remediatiounsmesuren oder och Hausaufgabenhëllef.

Interessant ze erwänen ass och déi nei Boarding School, déi an de Mierscher Lycée integréiert gouf an déi ab der nächster Rentrée soll fonctionéieren. Nieft de Schüler vun der Europaschoul wäerten och Studierende vun deem Internat kënnen profitéieren. D'Konzept vun der Boarding School ass fir Lëtzebuerg sécher eng weider Innovatioun. Et ass en neie Schoulmodell, mat deem mir op d'Realitéiten an och op d'Besoinen vun eiser Gesellschaft reagéiere wëllen; e Modell, deen, wann e Succès huet, an Zukunft och a weidere Schoule kéint ausprobiéiert ginn.

Firwat ass de Modell vun den ëffentlechen Europaschoulen esou interessant fir eist Land? Et gëtt jo nach aner Modeller, internationaler, op déi mer eis hätte kënnen baséieren. Mee firwat hu mer zu Lëtzebuerg geziilt op den europäesche Modell gesat?

Ganz einfach! Wéi d'Europaschoule gegrennt goufen, du war d'Ambitioun, fir Kanner mat ënnerschiddleche Mammesproochen an enger Schoul ze integréieren. A wa mir éierlech sinn, dann ass et déi Situatioun, déi mir méttlerweile an alle Schoulen zu Lëtzebuerg erëm-fannen. An dofir passt den europäesche Modell esou gutt bei eist Land. A wa mir gesinn, dass d'Demande fir dese Modell all Joer méi grouss gëtt, da musse mir als Politik och weider an dës Offer investéieren.

An deem Kontext muss och gekuckt ginn, ob et net sënnavoll wär, verschidden Elementer aus dem europäesche Modell an eisen traditionelle klassesche Schoul-system ze integréieren, fir déi zwee Modeller e Stéck méi no beieeneen ze féieren. Ech schwätzen do vun de Best Practices oder pedagogesch Approchen, déi sech an der Praxis bewisen hunn. Déi alternativ Alphabetisatioun op Franséisch ass do sécherlech eng interessant Pist. Do ass de Minister Claude Meisch jo virun an der Question élargie scho ganz drop agaange mat de véier Gemengen als Pilotprojeten.

Ech mengen, et kann heibanne jiddwereen novoll-zéien, wéi schwéier et u sech ass, wann ee frankofon zum Beispill ass, wann een dann op eemol op Däitsch alphabetiséiert gëtt. Dese Réckstand, dee sech dann emol gären duerch déi ganz Schoulkarriär zitt, kéint ee mat der Offer vun der alternativer Alphabetisatioun op Franséisch ganz einfach evitéieren.

Mir stinn als Demokratesch Partei hannert där Innovatioun, déi eise System nach eng Kéier méi chancé-gerecht wäert maachen. Dëst ass och méiglech, ouni un Prinzip vun eise méisproochegen Enseignement fréckelen ze goen. Den Atout vum Lëtzebuurger Schoul-system ass domat absolut net a Fro gestallt.

Här President, wa mir alle Jonke wierklech konkret Perspektiv wëlle bidden, da brauche mir eng grouss Diversitéit u Schoulen, u Programmer a pedagogesch Methoden. Et ass dem Staat seng Verantwortung, fir den ëffentleche Schoul-system esou auszerichten, dass all Kand onofhängeg vu sengem soziokulturellen Hannergrond déi nimmlecht – déi nimmlecht! – Startchancen huet.

Déi grouss Diversitéit u Schüler erlaabt et eis haut net méi, fir jiddwereen an déi nimmlecht Schabloun ze

stiechen, fir nëmmen eng eenzeg uniform Approche unzëbidden. Mir brauchen eng faarweg, eng oppen, eng flexibel ëffentlech Schoul, déi un d'Diversitéit vun eise Schüler adaptéiert ass an déi all Kand déi beschte Viraussetzung gëtt, fir sai schoulesche Parcours kënnen ze meeschteren.

D'DP steet hannert där Politik. Mir wëllen eng staark ëffentlech Schoul, wou all Kand seng Plaz dra fënnt a sech kann developpéieren; eng Schoul, déi all Kand déi nimmlecht Startchancë bitt; eng Schoul, an där all Kand sech dran erëmfënnt.

Ech hunn nach e puer Minutten an ech wëll op eppes agoen, wat elo de Mëtteg schonn e puermol gesot ginn ass a wat ech eigentlech aus deem eraus ..., well ech virdru mam Carole Hartmann driwwer diskutéiert hunn. Mir waren de Moie mat der Educationskommissioun d'Maison de l'orientation kucken. Ech muss zouginn, se sinn elo säit leschem Summer am ale Ministère um Aldringen, ech war elo nach net dobanne säitdeem. Mee wéi ech haut dobanne war, hunn ech mer eigentlech dat do gewënscht, dass ech dat deemools, wéi ech am sechste Schouljoer war, eigentlech gehat hätt!

Et ass nämlech eng Plaz, eng Ulaftell – an dofir Felicitatioun fir déi Maison de l'orientation! –, wou ee quasi all Informatiounen fënnt! Déi Orientatioun, déi haut eigentlech ugeschwat ginn ass, dee Wee, dee jiddweree muss fannen, dat gëtt et, ech géif bal soen, am ale Büro vum Minister um Aldringen. Gitt eng Kéier dohinner kucken! An dat ass net nëmme fir Jonker, och fir manner Jonker, déi wëllen emol vläicht eng Kéier e Berufswissel maachen, déi sech einfach wëllen informéieren, déi Saache wëlle validéiert kréien.

Also ech kann nëmmen der Maison de l'orientation felicitéieren fir dat, wat se eis de Moien do presentéiert hunn. Also ech wäert net déi leschte Kéier dobanne gewiescht sinn. An ech mengen, dass ee vill Äntwerte vun deem, wat een haut esou héieren huet an deene Rieden, déi bis elo waren an déi vläicht och nach kommen, dass ee vill Äntwerten an där Maison de l'orientation do fënnt.

Dofir, Här Minister, huet de Leit an Ärem ale Büro nach eng Kéier déi Felicitatioun mat! An Iech soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | A merci Iech. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech zielen elo net och d'Geschicht vum Pinguin, deen net a sengem Element ass. Ech wëll awer soen, dat ech a mengem Element sinn an enger Gesellschaft, déi esou eng multikulturell Ausrichtung huet wéi eis. An dës multikulturell Gesellschaft bitt eis ganz vill Chancen. Et ass am Fong d'Visitkaart vun eise Land.

Eis enorm Diversitéit stellt eise Schoul-system natierlech och viru ganz grouss Erausforderungen, an dat ass keen neie Moment, dat kenne mer schonn zanter ville Joren. An déi gëllt et am Sënn vun alle Schülerinnen a Schüler ze meeschteren, also och vun deenen, déi et opgrond vun hire kulturellen, sproochlechen an aneren Originen, déi eis net esou no leien, méi schwéier hunn.

Wann d'Kanner mat dräi bis véier Joer ageschout ginn, schwätzen déi eng Lëtzebuergesch, anerer Portugisesch, Franséisch, Italieenesch, Däitsch oder Englesch an nach anerer eng Sprooch aus dem nordesch, baltischen oder arabesche Sproochraum. Wat méi Nationalitéiten an enger Klass zesummekommen, wat d'Diversitéit natierlech méi grouss gëtt, mee

d'Erausforderung grad esou, woubäi den Undeel vun de Kanner, déi doheem Lëtzebuergesch schwätzen, kontinuierlech ofhëlt. A Prozenter ausgedréckt heescht dat, dass am Joer 2004 nach 57,8 % vun de Grondschoullkanner Lëtzebuergesch geschwat hunn als Mammesprooch oder Éischtsprooch, wéi een och ka soen, an haut nach 34,4 %.

Wann een da weess, dass d'Sprooch am Scola-risierungsprozess eng entscheidend Roll spillt, da weess een och, dass d'Kanner aus engem friemsproocheg Familljenëmfeld schonn direkt bei der Aschoulung eng Rei Hürden ze meeschteren hunn. An déi éischt Hürden triede schonn direkt bei der Alphabetisatioun op. Se féieren dozou, dass virun allem déi friemsproocheg Kanner riskéieren, den Uschloss vun Ufank un ze verpassen an de Retard duerno am Schoulparcours net méi ganz opzehuelen.

D'Kreatioun vun den éischten ëffentleche Schoulen hat eebe grad d'Zil, hei nozehëllefen, an duerfir ass dat Argument och ëmmer erëm am Exposé des motifs ugefouert ginn.

Eng grouss Inzidenz op d'Réussite scolaire an op de ganze Schoulparcours huet nieft der Friemsproocheg-keet och de sozioekonomeschen Hannergrond vun de Kanner, sou wéi dat och aus dem rezente Bildungsbericht ervirgeet.

Besonnenesch betraff si Kanner vun elengerzéien-den Elteren a Chômeuren. Et muss een et ëmmer erëm soen, obschonn et bal op der Hand läit. Komme béid Facteuren zesummen an d'Eltere si souwuel friemsproocheg wéi och elengerzéien-respektiv am Chômage, sinn d'Schwieregkeeten am gréissten.

Här President, de Modell vun den internationale Schoule mat verschiddene Sproochfilière wéi Franséisch oder Englesch liwwert eng méiglech Äntwert op d'Leierschwieregkeeten vu friemsproocheg Kanner an e bitt och eng gutt Alternativ fir Kanner aus sozial vulnerabelen oder bildungsferne Schichten, souwäit wéi en e Ganzdaagsencadrement mat individuelle Förderprogrammer an enger psychopedagogescher Begleitung assuréiert. Ech verweisen op de Modell vu Miersch, dee mer ganz gutt gefall huet bei der Presen-tatioun. Ech mengen, mir hunn dee Projet de loi virun der grousser Vakanz gestëmmt, an dat ass eigentlech e Virzeigbeispill vun engem gudde Konzept.

Vereinfacht ausgedréckt gëtt oft vun Hausaufgaben-hëllef geschwat oder vu Ganzdaagsschoul. Perséinlech sinn ech awer der Meenung, dass virun allem d'Haus-aufgabenhëllef éischter eng Drëps op e waarme Steen ass an dat nach ganz aner Moyene mussen agesat ginn, wann et drëms geet, Kanner aus sozial beno-deelegten a bildungsferne Schichten op stabil Féiss ze setzen.

Onofhängeg dovun gëtt et e weidert Argument, wat fir d'Kreatioun vun internationalen ëffentleche Schoule schwätzt. Et ass dat, dass eng wuessend glo-baliséiert Gesellschaft eng Schoul brauch, déi sech grad wéi d'Gesellschaft weiterentwéckelt, dëst och fir de Kanner vun deenen Eltere gerecht ze ginn, déi de Wunnsätz beruufsbedéngt ëfters wiesselen an am harmoniséierten internationale Schoul-system eng adequat Offer fannen.

Wann iwwer international Schoule rieds geet, kritt een trotz all dësen Argumenter awer oft ze héieren, dass se net gebraucht ginn an eise System, well Lëtzebuerg jo zanter den 1950er-Joren iwwer eng Europaschoul verfüügt. Ech hunn dat nach d'lescht Woch gesot kritt. Dat dës Schoul awer exklusiv fir Kanner vun EU-Beamte reservéiert ass, gëtt dobäi oft vergiess. Dem Rescht vun eiser Schoulpopulatioun huet dës Schoul nämlech näischt ze bidden.



An och wa mat den internationale Privatschoule schonn eng Alternativ zu der Europaschoul entstanden ass, sou sinn dës Schoulen net gratis, enseigneréieren hir eege Programmer a stelle bis op e puer Ausnahmen eng deier en elitär Parallellwelt zum klassesche Schoulssystem duer. E bekannt Beispill ass d'International School of Luxembourg, wou den Zougang mat extreem héije Käschte verbonnen ass a wou kaum e sozial benodeelegt Kand unzetreffen ass.

Fir d'är Entwécklung entgéintzesteieren a fir alle Kanner e gläichberechtegten Zougang zum Lëtzebuurger Bildungssystem ze garantéieren, ass a bleift de Staat weiderhi gefuerdert, an dat net nëmmen um Niveau vum konventionellen ëffentleche Schoulssystem, mee och um Niveau vum den ëffentlechen internationale Schoulen, wou d'Aschreiwungszuele vu Joer zu Joer klammen, quitte datt bis haut just ëm déi 1.700 Kanner, ech soe „just“, well am Ganzen hu mer 59.000 Schoulkanner an der Grondschoul, an enger ëffentlecher internationaler Schoul ageschriwwen sinn. Dat sinn 2,8 % vum Total. Sou verzechent beispillsweis déi internationale Schoul vum Déifferdeng all Joer e Plus vun 300 Kanner am Joer. Dat geet aus engem rezenten Interview mam Gérard Zens ervir, deem um 100,7 déi Zuele geliwert huet.

Am Secondaire sinn et scho bedeitend méi Aschreiwungen a vun de Privatschoule guer net ze schwätzen, do läit d'Zuel nach vill méi héich, wuel wëssend datt och eng Rei Kanner an d'Ausland ginn, beispillsweis an de Lycée vu Schengen.

An da stellt sech ganz einfach d'Fro: Wat mécht déi Schoule méi attraktiv? A wat hunn déi Schoule méi ze bidde wéi eis konventionell klassesch Schoulen? Ech wëllt awer och do an deem Kontext op de Lycée Ermesinde hiweisen, dee keng international ëffentleche Schoul ass an awer e Modell op d'Bee gestallt huet, deem attraktiv ass an eng ganz flott Optioun duerstellt fir Kanner, déi aner Léiergewunnechten hunn, déi mat anere Methode léieren. An ech mengen, och dat ass e Modell, deem am A muss behale ginn, fir eis drun ze inspiréieren, wann et drëms geet, eise System weiderzuentwéckelen.

Generell muss mer eis op alle Fall ganz vill Fro stellen, wat d'Zukunft ubelaangt. An dowéinst wëllt ech elo d'Geleeënheet net verpassen, fir der Kolleege Francine Closener och Merci ze soen, datt se des Debatt ugestouss huet.

D'Hauptfro ass natierlech déi, ob de Modell vum den ëffentlechen internationale Schoule senge Missiounen an Ziler effektiv gerecht gëtt, esou wéi se dann och ugeduecht waren. An deem Sënn ass et 20 Joer no der Kreatioun vum éischten internationale Baccalaureat zu Lëtzebuerg a sechs Joer no der Kreatioun vum den éischten ëffentlechen Europaschoulen zu Déifferdeng, Esch, Mondorf, Clierf a Jonglënster net vu Muttwëll, de System méi déifgräifend ze evaluéieren.

Fir d'Fréijoer sollen éischt Resultater virleien. Dat fanne mer ganz begrëssenswäert an duerfir ënnerstëtze mer och all Effort, Här Minister, deem Der zesumme mam LUCET vun der Uni oder mam Observatoire de la qualité scolaire an anere Partner maacht, fir de System ze evaluéieren. A mir fannen et och an deem Kontext ganz wichteg, datt eng Vergläichbarkeet mam konventionelle Schoulssystem hiergestallt gëtt, dës och mam Zil, fir d'Stärkten an d'Schwächen vu béide Systemer ze identifizéieren, déi néideg Upassung virzehuelen oder emol ganz einfach gutt Modeller ze identifizéieren an déi dann ze verallgemengeren.

An deem Sënn ass eng méi déifgräifend Evaluatioun vun der Alphabetiséierung op Franséisch och e wichtigen éischte Schrëtt. Dës Evaluatioun ass nach net gemaach an awer weisen d'Statistike schonn haut drop

hin, datt déi internationale Schoule just den ieweschten Ausbildungsniveau ofdecken, virun allem wann et ëm de Secondaire geet. Déi richteg schwach Schüler fanne sech weiderhin am konventionelle System erëm an hunn hir Plaz am internationale System eigentlech nach net esou richteg fonnt.

Sollt dësen Trend sech da confirméieren, klëmmt natierlech de Risiko, datt mir zu Lëtzebuerg fréier oder spéider nach just zwou Kategorië vu Schoulkanner hunn an datt dat initiaalt Zil vun der gesonder Mixitéit net erreecht gëtt. Fir deem dann entgéintzesteieren, gëtt et natierlech keng fäerdeg Rezepten. Dat wier ze vill schéin. Et gëtt awer eng Rei Pisten an Defien, déi an Ugrëff geholl musse ginn.

An da kommen ech zum éischten Defi, dee fir eis op der Hand läit. Et ass deen ze analyséieren, wéi den Zougang fir déi méi schwach an oft sozial benodeelegt Schülerinnen a Schüler vereinfacht ka ginn an op wéi engem Wee déi méi bildungsferne Famille besser erreecht kënnen ginn a wat déi ëffentlech internationale Schoule speziell ënnerhuelen, fir dës Kanner ze stäerken.

Deen zweete groussen Defi betrëfft fir eis déi geografesch Verdeelung vun de Schoulen op e puer méi oder manner grouss Gemengen, wéi dat de Moment de Fall ass. Et ass eng zentraliséiert Approche, déi noutgedrungen derzou féiert, datt schonn déi jéngst Schülerinnen a Schüler hir gewinnt Liewensëmfelder all Dag musse verloossen, wa se an enger internationaler Schoul ageschriwwen sinn, déi net an hirer Gemeng läit.

Datt dës Kanner a Jonker de Kontakt zu hirem sozialen Ëmfeld an hirer eegener Gemeng verléieren a weeder an där enger Gemeng nach an där anerer richteg doheem sinn, entsprécht net ganz deem, wat se brauchen, fir sech gesond sozial ze entwéckelen. Aus deem Grond stellt sech déi essenziell Fro, ob et net sënnavoll wier, bei der Implantatioun vun internationale Filière méi dezentral virzegoen. An ech mengen, et ass och grad dat, wat Der da wëlls hutt, wann ech Iech richteg verstinn, Är Pläng, an esou wéi och d'Motioun dat jo och schonn a Form vu Pilotprojete virgesäit.

Dat géif natierlech viraussetzen, datt och d'Gemenge méi agebonne misste ginn, datt se d'Méiglechkeet kréien, am Kader vun hirer Schoulorganisatioun eng oder méi Antenne vun europäesche Schoulen op hirem Territoire opzebauen. Momentan ass dat net méiglech, well d'Grondschulgesetz vun 2009 iwwert d'Schoulorganisatioun d'Kreatioun vun internationale Filiären an de kommunale Schoulen ausschléisst.

Ech muss soen, déi Erfahrung hunn ech rezent a mengere eegener Gemeng gemaach, an där ech selwer Schoulschaff sinn. Mir haten e ganz gudden a konstruktiven Echange, mee d'Realitéit huet gewisen, datt dat zu deem Moment net dran ass, well einfach d'Schulgesetz et net zuléisst.

Sollt sech erausstellen, datt de Ministère dann zesumme mat de Gemengen op dee Wee wëllt goen, muss d'Gesetz vun 2009 warscheinlech modifizéiert ginn an da muss och gekläert ginn, ob d'Personal vun deene Filière grad wéi all déi aner Enseignanten aus der Grondschoul un d'Gemeng affektéiert ginn, fir datt se zu engem ganze Corps enseignant zesummewuesse kënnen. Och dat ass eng Saach vun Integratioun an Inklusioun, och um Niveau vum Personal. Vlächts schwätzen ech vun enger Utopie, vlächts och net.

Här President, en drëtten Punkt, deem ech wëllt thematiséieren, ass méi wëssenschaftlecher Natur an ass net oninteressant. E betrëfft d'Recherche, notament um Niveau vum Sprochenerwerb a vun der Alphabetiséierung. An anere Wieder schwätzen ech hei vun der Psycholinguistik, wou d'Entwécklung och net stoe bleift.

Déi prinzipiell Approche vun internationale Schoule besteet jo doran, d'Kanner an där Sprooch ze alphabetiséieren, déi se doheem schwätzen – hirer Mammesprooch soe mer jo ëmmer, et gëtt jo keng Pappesprooch nach, obschonn een dat och kéint soen –, respektiv an enger Sprooch, déi hirer Éischtsprooch, hirer Mammesprooch am nooste steet, och wa se déi Sprooch selwer net schwätzen oder bal net schwätzen. Dat heescht beispillsweis, datt italieenesch Kanner op Franséisch an net op Däitsch alphabetiséiert ginn, well italieenesch eng romanesch Sprooch ass, déi dem Franséische méi no steet wéi dem Däitschen.

Folglecherweis ginn dës Kanner net an hirer Éischtsprooch oder Mammesprooch alphabetiséiert, mee an enger Friemsprooch, wuel wëssend datt italieenesch, mee och portugisesch- oder spueneschsproocheg Kanner net per se Franséisch schwätzen.

Dir Dammen an Dir Hären, laut enger Rei Etüde besteet de sprangende Punkt an deem Kontext doran, datt d'Alphabetiséierung, also d'Lies- a d'Schreiwelieren, an esougenannte „konsistente“ Sproochen am einfachsten ass. Dat si bekanntlech déi Sproochen, wou ee praktesch alles schreift, wat een héiert, esou wéi dat am Däitschen de Fall ass.

Wëssenschaftlech ausgedréckt, heescht dat, datt déi däitsch Sprooch méi eng héich Phoneem-Graphem-Korrespondenz opweist wéi all déi aner Sproochen zesummen. Ech hu mech do e bëssen informéiert, well et gëtt verschidde net interessant Leit op der Uni Lëtzebuerg, déi engem déi dote Matière erklären. An duerfir leeft d'Alphabetiséierung op Däitsch dann och laut hinne generell am séiersten an am einfachsten of.

An deem Sënn bleift laut de Fuerscher a Fuerscherinnen, déi op der Uni aktiv sinn, ënner anerem nach ze beweisen, ob italieenesch, portugisesch- oder spueneschsproocheg Kanner, déi jo net per se Franséisch schwätzen, et bei der Alphabetiséierung op Franséisch méi einfach hu wéi op Däitsch. Et ass schonn e bësse komplex.

Déi psycholinguistesche Fuerschung weist éischter net an déi Richtung a plädéiert generell fir eng Alphabetiséierung op Däitsch, soulaang wéi d'Kanner net an hirer Éischtsprooch alphabetiséiert kënnen ginn. Handendru stellt sech dann natierlech d'Fro vun der Didaktik a vun der Method, déi d'Kolleege Martine Hansen virdrin och thematiséiert huet. Ech fannen déi Fro ganz wichteg. Vu Methode gëtt generell net vill geschwat, mee éischter vun Inhalter.

D'Method, wéi alphabetiséiert gëtt a wéi weider geléiert gëtt an eise Schoulen, spillt eng immens wichteg Roll a mengen Aen, wuel wëssend, datt net nëmmen d'Inhalter, mee och d'Methode fir d'Schoulresultater verantwortlech sinn. D'Methode brauchen awer Zäit a kënnen net stänneg geännert ginn, well se soss net gräifen. D'Methode musse gräife kënnen a musse grad wéi d'Inhalter och op hir Resultater evaluéiert ginn an eebe grad och um Niveau vun der Alphabetiséierung, déi jo als éischt Glidd vun der Kette steet, wa mer vun internationale Schoule schwätzen.

An deem Sënn ginn ech emol dervun aus, datt och d'Method bei der geplangter Evaluatioun, déi Der jo wëllt virhuelen, méi genee ënnert d'Lupp geholl gëtt, woumat ech awer och eise klassesche konventionelle Schoulssystem mat abezéien. Ech weess net, ob d'Methoden do a leschter Zäit ganz oft geännert hunn.

E véierten a leschte Volet, deem ech dann nach wëllt thematiséieren, deem ass nach net hei ugeschwat ginn a bezitt sech op d'Personal, wat an den ëffentlechen internationale Schoule schafft. Hei ass vu Gewerkschaftssäit schonn ëfters monéiert ginn, datt d'Aarbechtskonditiounen vun den Enseignanten net ëmmer

deene Reegelen entsprechen, déi am Lëtzebuurger Schoulssystem a Kraaft sinn. Rieds geet beispillsweis vun Iwwerstonnen an der Stagezäit, déi jo just ee Joer laang dauert. Déi Stagezäit, déi am Enseignement jo generell en place ass, ass bei eis zwee Joer, mee wou keng Iwwerstonnen dierfe gemaach ginn. Et schéngt, wéi wann d'Enseignanten aus den internationalen effentleche Schoulen awer souzese forcéiert ginn, fir Iwwerstonnen ze prestéieren. Ech kann et net beweisen, mee ech werfen et op, well ech et einfach eemol gelies hunn.

Kritiséiert gëtt doriwwer eraus, datt eng Rei Enseignanten och de Statut vum Fonctionnaire kéinte kréien, well se déi néideg Sprooche schwätzen, an dee Statut dann awer net zougeschwat kréien. Och do kann ech näischt beweisen, well ech net um Terrain ënnerwee sinn. Mee ech wéilt wëssen, ob déi Beispiller bekannt sinn a wéi Dir Iech dann dozou positionéiert?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. A menger Interventioun hunn ech versicht, e puer Denksteiss ze ginn, déi eis als Gréng um Häerz leien an déi mir an eisen eegene Reien och ëfters schonn diskutéiert hunn.

Um Häerz läit eis virun allem, datt de Problem vun der Bildungsgerechtegkeet an der wuessender Bildungsschéier zu Lëtzebuerg behuewe gëtt. Ech verweisen nach eng Kéier op de rezente Bildungsbericht, deen eis alleguer déi selwecht Froen opwerft. An ech fannen et gutt, datt mer haut hei net polemiséieren, mee eng konstruktiv Diskussioun doriwwer féieren.

Mir sinn der Meenung, wéi Dir alleguer, datt kee Kand weinst senge kulturellen, sozialen oder sproochlechen Originne benodelegt dierf ginn, an dat gehéiert zu de fundamentale Rechter vum Kand. An och wann et keng einfach oder keng pauschal Léisung gëtt, fir déi vill komplex Erausforderungen unzegoen, sou ass et an enger éischter Etapp wichteg an eisen Aen, béid Systemer méi no beieeneen ze féieren a méi mateneen ze vernetzen. Best-Practice-Beispiller an notament och Etüde wéi déi, déi de LUCET elo duerchféiert an de Gemengeschoolen – en huet zéng Gemengeschoolen identifizéiert. Déi Etüd ass geduecht, fir Best-Practice-Schoule mat stabille Resultater bei enger ganz heterogener Schoulpopulatioun ze identifizéieren an dann déi Beispiller bekannt ze maachen, fir datt aner Schoule sech kënnen dorun inspiréieren. Et geet notament ëm d'Schoukklima, ëm d'Organisatioun vum de Schoulkomiteeën, ëm Projeten, ëm informell Léierangebot a generell ëm alles, wat net virgeschriwwen ass, wat awer gär an deene Schoule realiséiert gëtt, an dozou gehéiert natierlech och e motivéiert Team, motivéiert Personal, well ouni Motivatioun beim Schoulmeeschter a bei der Léierin ginn d'Kanner och net motivéiert.

Jiddefalls ass a bleift de Schoulsecteur en essenzielle Sektour fir eist Land, dee sech stänneg weiderentwéckele muss an nom Prinzip vum der „Schoul am Wandel“ ëmmer nei Erausforderunge meeschtere muss. Dat war scho virun 100 Joer esou an dat wäert an 100 Joer och nach esou sinn.

Villmools merci fir d'Nolaaschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An den nächste Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ier ech ufänken am Fong mat deem, wat ech wollt soen, wollt ech awer op e puer Saache reagéieren, déi hei scho gesot gi sinn. An eppes, wat d'Madamm Lorsché och grad gesot huet a wou ech ganz frou sinn, dass se dat gesot huet ...

(Hilarité)

... an och mat deene beschte Fachbegrëffer ënnermauert huet, an et ass effektiv richteg, dat muss een ëmmer am A behalen: Fir e Kand, wat elo natierlech net frankofon ass, ass d'Alphabetiséierung op Däitsch méi einfach wéi déi op Franséisch, fir et an einfache Wieder ze soen, well am Däitschen esou geschriwwen gëtt, wéi et och gesot gëtt, während dat am Franséischen jo net de Fall ass, wat derzou féiert, dass verschidde Franséischproffe scho mol zu mir gesot hunn: „Franséisch ass am Fong ... Franséisch sinn zwou Sproochen. Et gëtt dat geschwatent Franséisch an et gëtt dat geschriwwent Franséisch, an dat sinn am Fong zwou verschidde Sproochen.“ Dofir mécht dat d'Alphabetiséierung op Franséisch ganz schwéier.

Da wollt ech eng Kéier drop agoen, wat gesot ginn ass vum Tun a vum Louis vum der Chancëgläichheet. Ech wëll do einfach eng Kéier ze bedenke ginn, dass dat eppes ass, wat dach awer nach vill méi komplizéiert ass. Ech soen elo mol, den Tun, mengen ech, war dee méi Schwaachen. Huele mer mol un, den Tun kann aus iergendwelleche Grënn, well d'Situatioun doheem esou ass, wéi se ass an esou weider, ganz schlecht Franséisch. Do kënn iergendwann awer de Moment, do seet den Tun sech: „Ech géif awer gär Affekt ginn hei zu Lëtzebuerg.“ An da muss iergendwann awer een zum Tun soen: „Lauschter mäi Jong, du gëss hei zu Lëtzebuerg net Affekt, well dofir misst de a Frankräich studéiere goen, Droit, an dofir hues du net déi néideg Kompetenzen.“

Dat heescht, iergendwann huet déi Chancëgläichheet awer och hir Grenzen. A mir müssen de Schüler dat awer – an dat soen ech aus menger Erfahrung an der Schoul – éierlecherweis och eng Kéier soen.

Dann ass geschwat gi vum Knäipen an der Ermesinde-Schoul an an europäesche Schoulen. Sécherlech sinn do Saachen ze knäipen. Ech wëll awer och betounen, dass déi lëtzebuergesch klassesch Schoul net esou schlecht ass, wéi et heiansdo hei gesot gëtt. Ech si souguer der Meenung, dass et nach ëmmer dee beschte Modell ass an ech sinn och der Meenung, dass roueg an deenen anere Schoule ka geknäipt gi beim Lëtzebuurger Modell an dass ganz, ganz vill auslännesch Acteuren ëmmer neidesch waren op de Lëtzebuurger System, wou een esou vill Sprooche geléiert huet wéi soss néierens am Ausland. Mir sollen eise System net onnéideg ofwäerten.

Nach eng lescht Remark. D'Madamm Hansen huet gesot, et wieren effektiv och vill Lëtzebuurger Schüler an den internationale Schoulen. Ech weess och do en Deel vum der Äntwert, deen hei nach net gesot ginn ass. An dat ass, dass déi internationale Schoulen hei zu Lëtzebuerg och lëtzebuergesch Kanner ophuelen, déi am Ausland wunnen, spréch direkt hannert der Grenz. Am Jonglënster Lycée si beispillsweis ganz vill Lëtzebuurger Kanner, déi hannert der Musel wunnen an dann all Dag op Jonglënster kommen. Dat ass jo eppes, wat net méiglech wier an enger normaler effentlecher Schoul. Déi huelen normalerweis keng Schüler op, déi aus dem Ausland kommen.

An ier ech dann ufänken, eppes ganz Wichteges, wat hei och e bëssen ze kuerz kënn, wat fir mech ganz wichteg ass: D'Missioun vun der Schoul ass jo net nëmmen déi, dass e Kand soll vill léieren an déi néideg Kompetenz soll kréien. Natierlech ass dat d'Missioun vun der Schoul, mee net nëmmen. An dat gëtt hei e bësse vergiess. D'Missioun vun der Schoul ass och, d'Fundament ze schafe fir d'Zesummeliwwen, fir d'Eenheet vun der Gesellschaft. An dat muss een och moossen, dat muss een och a Consideratioun zéien. Et geet net nëmmen drëms fir ze kucken: Ass e Schüler kompetent, da war de Schoulssystem gutt. Nee, et muss een och dat méi Grousst ronderëm kucken.

Da kenne mir alleguer ganz vill Leit, déi Kanner vun Auslänner, vun Immigrante sinn. Där sinn och hei an der Chamber an déi hu sech ganz, ganz gutt integréiert. Dat geschitt normalerweis an der zweeter Generatioun. Déi éischt Generatioun ass normalerweis net gutt integréiert. A firwat kënnen d'Kanner sech hei am Land esou gutt integréieren? Ma dat ass gréisstendeels dank der Schoul, wou d'Kanner sech allequerten zesumme vermëschen a Lëtzebuergesch an déi aner Sprooche léieren.

Et kann ee soen, dass déi Integratioun och iwwert déi lescht 100 Joer zu Lëtzebuerg gutt fonctionéiert huet, an dat eeben dank der effentlecher gemeinsamer Schoul. An déi effentlech gemeinsam Schoul, wou all d'Kanner zesummekommen, ob räich oder aarm, ob Lëtzebuurger oder Auslänner, ass de Motor vun der Integratioun, vun der sozialer Kohäsioun a vum gud-den Zesummeliwwen hei am Land.

Natierlech koumen déi lescht Joren nach méi grouss Erausforderungen op eist Land duer. Mir hunn eng enorm, massiv Immigratioun erlieft déi lescht 10, 20 Joer mat iwwer 20.000 neie Leit pro Joer, déi an d'Land erakommen. Dat ass eng immens grouss Zuel an dat huet d'Konsequenz, dass Integratioun ëmmer méi schwéier gëtt, well dat, wou ee sech dra soll integréieren, ëmmer méi rar gëtt. Mir hu gesot, dass nëmmen nach en Drëttel vun de Schüler hautzudaags Lëtzebuergesch doheem schwätzen. Dat seet jo och eppes aus, ob am Allgemengen doheem vill Lëtzebuergesch geschwat gëtt oder éischter manner wéi fréier.

Mir hunn an de leschten 30 Joer vill probéiert an der Schoul. Fir mech war déi wichtegst, couragéiert an déi visionärsten Iddi – wou ech wierklech haut nach muss soen, grouse Respekt – d'Afféierung vum Précoce 1997, mengen ech, wou d'Kanner vun dräi Joer un dann ee Joer méi an de Schoulssystem solle goen. Heimat kruten d'Kanner ee Joer Schoul méi bäl, mam Zil, dass si dann ee Joer méi hunn, fir Lëtzebuergesch ze léieren an da gutt virbereet sinn op déi däitsch Alphabetiséierung an der Primärschoul; eppes wat och Etüde bestätegt hunn.

Dann déi schlechtesten Iddi vun de leschte Joren – e bësse Kritik muss och sinn: éischtens emol d'Afféiere vum Franséischen an der Spillschoul op Käschte vum Lëtzebuergesch a parallel dozou franséischsproocheg Crèche, déi vum Staat bezuelt ginn, wou laut Gesetz zwar misst Lëtzebuergesch geschwat ginn, mee wou et ganz oft net oder quasi net gemaach gëtt. A mir hunn dat nach getest, mir hu bei eng ganz Partie Crèche ugeruff an dat nogefrot. An effektiv héiert een dann do: „O, mee mir maachen dat alt e bëssen oder mir maachen dat guer net oder maacht Iech keng Suergen, mir sinn hei eng frankofon Crèche. Dat ass an der Rei, déi Kanner müssen hei kee Lëtzebuergesch maachen.“ Dat ass d'Realitéit.

An de Combél war – dat hunn zwou Educatrice mer bestätegt, déi an enger Crèche schaffen: Déi hu mer gesot, si kréiche souguer verbueden, Lëtzebuergesch ze schwätzen, si misste Franséisch schwätzen. Ech mengen, do misst ee vläicht och higoen an dat e bësse méi kontrolléieren. Dat ass jo net am Interêt vun eis allequerten.

Dann déi zweet schlecht Iddi: Dat war an eisen Aen d'Opmaache vum de sougenannten internationale Schoulen, ...

(Brouhaha et coup de cloche de la présidence)

... déi esou international sinn, dass een do manner Sprooche léiert wéi an der normaler Schoul, a well an deene Schoulen, wéi mer ëmmer soen, Segregatioun ass an net Integratioun. A wann d'Kanner an deenen internationale Schoulen, déi do opgeriicht ginn, déi dräi Amtssproochen net méi anstänneg léieren, jo da muss ee soen, da geet den Niveau erof.



A wann déi Schüler an der internationaler Schoul hir Première ee Joer éischter kréie wéi déi aner Schüler, well se ee Joer manner Schoul musse maachen – do mécht een d'Première scho mat 18 Joer –, dann ass och do ee Joer manner Schoul an da kann den Niveau och do nëmme méi niddreg si wéi an der normaler Schoul. A well mer soen, dass den Niveau méi niddreg ass wéi an der normaler Schoul an anerer warscheinlech soen, nee, dat stëmmt net, den Niveau ass méi héich oder grad esou héich, wëlle mer dat mat enger Motioun hei erausfannen, fir dass eng Etüd soll gemaach ginn.

An do soll eng Etüd gemaach ginn, déi de Schüler vun den Ofschlossklassen hir Kompetenzen an eisen dräi administrative Sproochen an am Englesche mam Kompetenzniveau vun de Schüler aus dem classeschen an allgemenge Lycée vergläicht, dëst nom Gemeinsamen Europäesche Referenzkader fir Sproochen. Dann hätt mer et wierklech schwaarz op wäiss, géifen d'Resultat gesinn, wat den Niveau vun de Kanner an deenen internationale Schoulen ass.

Här President, wannechgelift.

## Motion 2

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

– déi International Schoul Déifferdeng an Esch/Uelzecht (EIDE) mam Zil gegrennt ginn ass, Kanner a Jugendlecher mat Migratiounshannergrond wéi och all deene Schüler, déi sech an engem internationale Kontext entweckele wëllen, déi beschméiglech Ausbildung vun der Primärschoul bis zum Ofschlossexamen unzebidden;

– dëst Joer déi éischt Schüler aus der EIDE hiren Ofschloss maachen,

*ass sech bewusst, datt*

– et fir dat weidert Liewe vun de Schüler vun zentraler Bedeitung ass, datt een d'Qualitéit vum Schoulsystem no objektive Krittären anuerdne kann;

– de Gemeinsamen Europäesche Referenzkader fir Sproochen, als Instrument zur Ëmsetzung vun de sproochpoliteschen Ziler vun Europarat, eng transparent, kohärent a breet Grondlag bitt, fir d'Kompetenzen an de Friemsproochen ze evaluéieren,

*fuerdert d'Regierung op,*

– eng Etüd ze maachen, déi de Schüler vun den Ofschlossklassen hir Kompetenzen an eisen dräi administrative Sproochen an am Englesche vergläicht mam Kompetenzniveau vun de Schüler aus dem classeschen an allgemenge Lycée, dëst nom Gemeinsamen Europäesche Referenzkader fir Sproochen.

(s.) Fred Keup.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Mathé ass, mengen ech, souwisou scho virgesinn. Hei wieren dann d'Sproochen nach derbäi.

Da kann ee sech och froen, ob mer de Schüler wierklech e Gefale maachen, wa mer hinnen net méi déi typesch dräisproocheg Education gi wéi an der normaler Schoul. An ech kommen drop zrëck, wat an der Kommissioun scho gesot gouf. Sot de Kanner, wa se sech an enger internationaler Schoul aschreien, dass hir Chancen op eng Partie Beruffer hei am Land minimal wäerte sinn! Nach ass et jo esou – an ech hoffe jo och, dass mer eis do alleguer eens sinn –, dass ee fir ganz vill Beruffer, besonnesch beim Staat, déi dräi administrativ Sproochen muss virweisen. Dës Beruffer, zum Beispill Polizist, wäerte fir dës Kanner aus deene

Grënn ganz schwéier ze erreeche sinn, net onméiglech, mee ganz schwéier, well si wäerte ganz schwéier an enger internationaler Schoul op e ganz gudden Niveau am Däitschen, Franséischen a Lëtzebuergesche kommen.

An ech géif Iech dofir bieden, hinnen dat vun Ufank un ze soen, net dass se herno hiren Ofschloss maachen an dann enttäuscht sinn.

Da si mer der Meenung, dass hei déi falsch Prioritéit gesat gëtt. Mir missten hei net coûte que coûte jiddwerengem en Diplom ginn, mee mir misste kucken, dass d'Integratioun vun eiser diverser Gesellschaft Virrang huet.

Hei huet awer ënnert dem Minister Meisch e Paradigmewissel stattfonnt. An engem Slogan kann een et ganz gutt erkennen: „Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler!“ Dat ass fir eis Individualiséierung. Wou ass do d'Solidaritéit? Wou ass do d'Schoul, déi vereent, déi zesummebréngt? Wou ass do d'Kohäsioun?

Fir dës Regierung ass de sozialen Zesummenhalt an deem Sënn zweetrangeg. Mir bräichte manner Individualismus, méi Gemeinsamkeiten an eiser Gesellschaft. Grad an engem Land, wéi gesot, mat esou vill verschidden Nationalitéite musse mir d'Leit zesummeféieren.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Integratioun heescht eeben, alleguer zesummen an e gemeinsame Schoulsystem an eng gemeinsam Klass.

D'europäesch Schoulen, do heescht et: opgedeelt a verschidde Schoulen, opgedeelt a verschidde Klassen. Och eng gemeinsam Sprooch feelt do. Wéi eng Sprooch sollen d'Leit hei an eise Land duerno nach alleguer matenee schwätzen. An och, dass esou vill Lëtzebuergesch an den internationale Schoule geléiert gëtt, dat ass schéin, dat hei ze soen. Macht eng Etüd, huet en néngt Schouljoer – ech weess net wéi dat genee heescht an der internationaler Schoul – an da maacht Der eng Etüd, wou Der einfach moost wéi hir Kompetenzen am Lëtzebuergesche sinn! Dat wat déi Persounen, Proffen, déi an deenen internationale Schoule mir soen, dat ass, dass dat mam Lëtzebuergesche kloer net fonctionéiert. A si soen och: Et kann net fonctionéieren, well mat zwou Stonnen d'Woch Lëtzebuergesch kritt Der keen op en Niveau, wou ee Lëtzebuergesch gutt ka schwätzen. Dat ass net méiglech.

A mir gesinn et jo och bei lëtzebuergesche Kanner, déi Stonnen a Sonnen, vill méi wéi zwou Stonne pro Woch, Franséisch léieren an et awer nach net kënnen a soughuer wa se och nach op Cinqüème oder Quatrième sinn. An dat läit och net nëmmen un der Method, déi benotzt gëtt, dat läit och einfach drun, well et eebe ganz schwéier ass an net jiddwereen déi néideg Viraussetzungen huet, fir vill Sproochen do ze léieren.

Da wëll ech op eppes zrëckkommen ... A hei den Här Fayot, dat ass awer gutt, den Här Fayot, de Ben Fayot, deen huet Follgendes eng Kéier gesot, an dat ass ganz interessant, am „Quotidien“:

*(Interruption par la présidence)*

„Soit on fait une école pour les Luxembourgeois en alphabétisant en allemand, soit on ajoute une filière francophone, mais j'y suis opposé farouchement, car cela risque de faire éclater l'école primaire publique au Luxembourg, qui est un élément important de la cohésion sociale dans une société aussi diverse que la société luxembourgeoise.“

Léif Sozialisten, lauschtert – lauschtert op de Ben Fayot! Dee Mann huet Recht.

*(Brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | An Dir, Här Keup, lauschtert elo op mech.

*(Hilarité)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, ech kommen ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Är Zäit, Är Riedezäit ass ofgelaf a largement.

**Une voix** | Déi Zäit ass of vun der aktiver Riedezäit ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Nach zwee Sätz, nach zwee Sätz.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Awer wierklech zwee Sätz, an net ze laang.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci. Mir plädéieren dofir, fir méi normal Schoulen, classesch Schoulen an net nach méi international Schoulen opzebauen ...

**Une voix** | Wat ass dann normal?

**M. Fred Keup** (ADR) | Déi normal Schoulen, déi bis elo d'Normalitéit waren.

*(Interruption par Mme Francine Closenier)*

Wat gelift Madamm Closenier?

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Nee, nee, wannechgelift, ënnerbriecht den Här Keup net, well den Här Keup ass elo fäerdeg.

*(Hilarité)*

**M. Fred Keup** (ADR) | ... an een Deel vun den internationale Schoule lues a lues ofzebauen. D'accord wann där e puer bleiwen, dat kann néideg sinn a verschidde Fäll. An dat menge mer, dat wier am Sënn vun engem staarke Lëtzebuerg a vun enger staarker sozialer Kohäsioun.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

*(Hilarité)*

Lauschtert op den Här Fayot!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, mëttlerweil bilden d'International Schools e parallele Schoulsystem nieft dem classeschen öffentliche Schoulsystem. Firwat? Ass et eventuell Deel vun enger Strategie, fir kënnen ze ëmgoen, dass de Schoulsystem vu Grond op muss reforméiert ginn? Obwuel si uganks nach als eng Spezialoffer fir eng globaliséiert Expat-Gemeinschaft um Lampersbiert an aus dem Stater Speckgürtel agefouert goufen, gi si haut vun ëmmer méi Schüler/innen mat lëtzebuergeschen an notamant portugiseschen Originne besicht. Op et wierklech zu enger gréisserer sozialer Mixitéit an den International Schools komm ass, sief awer a Fro gestallt. Déi meescht öffentliche international Schoule fënnt een nach wie vor am Stater Speckgürtel an a räiche Gemenge wéi Clierf oder Jonglënster.

D'International School zu Esch an Déifferdeng bleiwen do d'Ausnam. An och wann et hei éischter zu enger Mixitéit vun den nationalen Originne géif kommen, wier doraus net geschloss, datt sech d'Gesellschaftsschichten hei harmonesch matenee géife vermessen. Eise Constat ass éischter, datt déi schoulesch Inegalitéite berouend op sozialen an eethneschen Ausschlusskrittären ëmmer méi verstärkt am normalen öffentliche Schoulsystem auserneendriften. Den zentrale Problem läit genee do.

D'International Schools si keng Mesure, fir géint schoulesch Inegalitéiten unzekämpfen. Si sinn eng weider Optioun, eng weider Offer an enger Supermarchésschoullandschaft fir eng gewësse Kategorie

vu Schüler/innen an eng gewësse Kategorie vun Elteren. Notamment kënnen am Fong just déi Elteren op dës Optioun zrëckgräifen, déi sech iwwert dës Offer emol fir d'éischt informéiere konnten an déi den néidege Bildungsgrad hunn, fir dës Offer och richteg aschätzen ze kënnen.

Wéi eng Kategorie genee op déi international Optioun zrëckgräift, dat gi mer dann an engem Joer gewuer, wann d'Etüd, déi de Minister bei der Uni.lu bestallt huet, fäerdeg ass.

Bis elo ass dat déi alleréischt Evaluatioun vum internationale System, déi de Minister an Optrag gëtt. A bis dohinner wäerten et och nach ëmmer Schüler/innen ginn, déi den Niveau vum Classique oder vum Enseignement général net wäerten errechen, deen néideg ass, fir iwwerhaupt an den internationale Programm kënnen opgeholl ze ginn.

Här President, wéi ech schonn am Ufank gesot hunn, gëtt mat den öffentliche internationale Schoule versicht, virun allem de kruziale Problem vun de schouleschen Inegalitéiten ze ëmgoen. Uganks stoungen d'International Schools nach am Dönscht vun enger kosmopoliter Elitt, déi sech et ka leeschten an der Stad an am Stater Speckgürtel hire Wunnsätz ze hunn.

Mëttlerweil bidden International Schools och e puer Schüler aus méi modeste Familien a Famille mat Migrationshannergrond eng Chance, déi sech mat der Méisproochegkeet am normale System schwéierdinn. Dës System erlaabt verschidde Schüler/innen mat auslänneschen Originnen eng gewësse Flexibilitéit mam Ëmgang mat der Méisproochegkeet an dat suert vläicht fir méi Chancëgläichheet, wat net heescht méi Egalitéit.

Amplaz de Problemer, déi sech am normale System stellen, op de Grond ze goen, ginn hei parallell Modeller geschafen, an deenen e puer Schüler/innen eventuell Refuge fannen an esou kënnen virukommen, wat jo natierlech och ze begreifen ass.

Den Här Bildungsminister huet selwer agesinn, dass am normale Schoulsystem d'Méisproochegkeet éischter en Handicap ginn ass wéi en Avantage. De Bildungsbericht weist säit 2015 dor hin, dass déi Schüler/innen, deenen hir Mammesprooch net Lëtzebuergesch ass, am meeschte Krämpes mam Apprentissage vun den obligatoreschen Friemsproochen hunn.

Schonn an dem Cycle 3.1 vum Fondamental driften déi schoulesch Ongläichheeten ausereneen. D'Mammesprooch ass ee bestëmmenden Diskriminationsfaktor, grad esou awer wéi déi sozial Originnen an de Revenu vum Elteren. An et sinn d'Kanner aus der portugisescher Immigration zu Lëtzebuerg, déi all dës Diskriminationsfactoren matenee kombinéieren, fir schlecht duerch eise Schoulsystem ze kommen. Si hu vu virer an net déi gutt Viraussetzung fir eng erfollegräich Karriär am normale Schoulsystem. Mee ännert sech dat dann am internationale System?

Här President, mir sinn immens gespaant op dee Bilan vun den International Schools, dee grad amgaangen ass, gemaach ze ginn. Mir sinn immens gespaant, well falls dee System sech géif bewäeren, fir genee déi Schüler/innen, déi déi schlechteste Viraussetzungen hunn, ze stäerken, da stellt sech fir eis d'Fro, firwat net dee Modell generell soll verbreet ginn. Et ass jo méi sënnavoll ee System opzebauen, dee fir jiddwereen eng gutt Optioun ass, dass d'Kanner do an d'Schoul kënnen goen, wou se wunnen an dat zesumme mat hire „peer groups“.

Allgemeng stellt sech d'Fro, wéi vill Schüler/innen iwwerhaupt an den internationale Programm kënnen opgeholl ginn, ouni dass muss eng Selektioun gemaach ginn. Dass dës Schoulen nach net iwwerlaf sinn,

läit doran, dass et sozial a symbolesch Barriären gëtt, déi maachen, dass ganz vill Leit dës Optioun nach eventuell guer net kennen.

Här President, den internationale System bitt elo schonn de Schüler/innen eppes, wat den normale System nach net bitt. Schonn ab dem Fondamental besteet an der öffentliche internationaler Schoul d'Méiglechkeet op eng Alphabetiséierung op Franséisch, Däitsch, Englesch a souguer jee no Demande och op Portugisesch, Spuenesch an Italieenesch. Dat ass eppes, fir dat mir eis als déi Lénk ëmmer agesat hunn: d'Méiglechkeet op eng Alphabetiséierung an der Mammesprooch. A Lëtzebuergesch soll do och net vergiess ginn.

Am Kader vum neie Bildungsbericht gouf festgestallt, dass den Iwwergang vum Lëtzebuergesch an d'Däitsch net esou fléissend verleeft, wéi dat uganks eigentlech geduecht ginn ass. D'Sproochkenntnis vun der Mammesprooch verdéieren a gläichzäiteg eng Alphabetiséierung op enger Sprooch kënnen wielen, déi net exklusiv Däitsch ass, dass ass also elo scho méiglech an den öffentliche internationale Schoulen. Firwat sollt dat dann net de Fall am normalen Enseignement si respektiv ginn.

Och am Secondaire bitt den internationale System eng Ouverture am Beräich vun der schoulescher Orientéierung nom Fondamental. Beim Passage vum Fondamentale an de Secondaire gëtt am System vun der International School keng Andeelung an Enseignement classique an Enseignement technique gemaach. Déi Orientéierung, déi am normale System schonn ab dem Cycle 4 stattfënnt, ass fir vill Schüler dee Moment, wou d'Dreem an d'Bréch ginn an d'Hoffnungen op eng erfollegräich schoulesch Karriär begruewe ginn. Mir wësse jo firwat. Hei spille sozial, kulturell an ekonomesch Ausschlosskriterien mat. An och dat stellt de Bildungsbericht schonn zënter 2015 fest, ouni dass sech eppes dorunner ännert.

Den internationale System schafft mat engem Tronc commun op Septième op d'mannst do eng Ouverture. Vläicht ass dat jo och eppes, wat ee kéint fir deen normale Schoulsystem virgesinn.

Här President, lues awer sécher stellt d'Verbreedung vun den internationale Schools och verschidde Privilegien vun de fonctionariséierten Enseignanten a Fro. Am internationale System kënnen Enseignanten aus dem Ausland agestellt ginn, déi bereet sinn, manner ze verdéngen a vum Tachenopwand hier méi ze schaffen.

Hir Ausbildung ass net déi vun de fonctionariséierten Enseignanten, mee si entsprécht awer de Besoinen an Exigence vum internationale System, an deem si schaffen. Déi fonctionariséiert Enseignantë sinn amgaangen, iwwerholl ze gi vun externem qualifiziertem Personal aus dem Ausland, gradesou wéi den internationale System den nationalen amgaangen ass, a villen Hisiichten ze depasséieren.

Här President, d'International Schools sinn e Polverfaass. Wa sech den internationale System sollt bewäeren, bedeit dat gläichzäiteg an Echec op der ganzer Linn fir eisen normale System.

Den Här Minister ass awer net just de Minister vun der internationaler Bildung, mee och vun eiser nationaler Bildung. Déi national Bildung huet och eng universell Missioun: eng Schoul fir jiddwereen garantéieren, an där jidderee gläichbehandelt ka ginn. Mir sinn d'Land vun de Pilotprojeten a vun den eenzele sozialen Experimenter. Leider gëtt net all Projet an all Experiment, dat sech bewäert, zu enger Generalitéit, vun där d'Allgemengheet ka profitéieren. Dat ass, wann een als Regierung am Interêt vum Eenzelnen denkt an handelt.

Här President, zu der nationaler Bildung gehéiert och e Personal, dass sech dës staatleche Missiounen unhëlt an dat net einfach esou kann ersat ginn oder ausgespillt gi géint en importéiert Personal an den International Schools. Fir eis muss eng kloer Bilanz gezu gi vun deem System an opgrond dovunner musse Konsequenzen gedroe ginn. Dat féiert eiser Aschätzung no net derlaanscht, dass eise Bildungssystem muss vu Grond op reforméiert ginn. An dofir brauch ee laang Zäit a ganz vill Courage.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och, Madamm Cecchetti. An den nächste Riedner, dee scho prett ass, ass den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, eise Bildungsminister sot an engem Interview am Kader vun der Ouverture vun enger neier Europaschoul eng Kéier, dass d'Schoulen als Spigelbild vun der Gesellschaft kéinte gesi ginn, dass eis Gesellschaft ëmmer méi heterogen a multikulturell géif ginn an et dofir nëmmen normal wier, dass och de Schoulsystem méi heterogen géif ginn.

An ech kann där Ausso nëmmen zoustëmmen. Leider spigelt sech awer net just d'Multikulturalitéit an eise Schoulen, mee och eng ganz Rei vun de gesellschaftlechen Problemer, déi gesamtgesellschaftlech existéieren.

Och wuessend sozial Ongläichheeten an e Mangel u gesellschaftlecher Kohäsion sinn an eise Schoulsystem leider nach ëmmer siichtbar. Jo, eis Gesellschaft gëtt ëmmer méi heterogen. Mee déi eenzel Gruppen hu leider net déi selwecht Chancen a liewen zum Deel och laanschteneen a ganz verschidde Liewenswelten.

Dat ass e grouse Problem an och een, dee bis elo och duerch d'Europaschoulen nach net geléist konnt ginn. Mee dass soll net heeschen, dass mer de Modell vun den internationale Schoulen net gutt géife fannen. Mir hunn aktuell e grouse Besoin an engem alternative Schoulparcours fir Kanner a Jonker, déi am traditionellen Schoulsystem weinst de Sproochen duerch de Raster falen.

An et ass gutt, dass d'Europaschoulen dës Schüler/innen a Schüler eng Optioun bidden. Wa 75 % vun de Schüler/innen a Schüler aus der Stad an den Alentouren tëschen 2014 an 2020 an de Lycée classique orientéiert goufen a manner wéi 20 % zu Wolz, Déifferdeng oder an der Fiels et gepackt hunn, da weist dat ganz kloer, wou et nach zu Ongläichheete kënn.

D'staatlech Europaschoulen, déi fir jiddereen op sinn an an deene keng héich Studiegebühren ufalen, kënnen sécher e Wee sinn, fir Schüler/innen a Schüler, un déi den aktuelle Schoulsystem net ugepasst ass, besser Bildungschancen ze bidden. An dofir hu se aktuell sécherlech hir Daseinsberechtigung.

Laangfristeg muss ee sech awer iwwerleeën, wéi een dës zwee Schoulmodeller, engersäits den traditionellen Lëtzebuergesch Modell an anersäits déi nei international Schoulen, méi no unenee réckele kann.

Mir beobachten net eréischt zanter gëschter, dass sech bestëmmte Liewenswelten am Land esou wäit vunenee getrennt hunn, dass déi eenzel Gruppen ennereneen keen oder nëmme weineg Kontakt hunn an dowéinst och leider heefeg de Versteedsdemech fir d'Situatioun vun deem enge fir deen anere feelt.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Do wären zum Beispill d'Lëtzebuergesch Fonctionnairen an d'Statsemployéen an d'Aarbechter aus dem



Privé, déi fir de Mindestloun schaffen; déi international héich qualifizéiert Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus dem Finanzsecteur an den europäeschen Institutionen um Kierchbierg an d'Handwierker an d'Aarbechter/innen aus der Industrie; d'Frontalieren an d'Residenten; d'Bierger/innen mat Migratiounshanergrond a Familljen, déi zanter Generatiounen hei liewen; an nach ganz vill weideren, déi ech elo net all hei opziele muss. Ech mengen, Dir gesitt, wéi e Bild ech zeeche wëll.

Schonn an eisem ale Schoulsystem huet et mat der Opdeelung tëscht Technique a Classique zu enger gewëssener Trennung gefouert, déi doduerch, dass verschidde Lycéeeën och just déi eng oder just déi aner Spart ugebueden hunn, nach verstärkt gouf. Elo ass mam Ausbau vun den Europaschoulen nach e weidere Pilier entstanen. An do muss mer natierlech oppassen, dass dës Differenzéierungen net laangfristeg derzou féieren, dass mer d'Spaltung vun der Gesellschaft a Gruppen nach méi verstärken.

Mir Piraten sinn dofir der Meenung, dass d'Europaschoulen als eng temporaire Léisung solle gesi ginn, mee laangfristeg awer d'Zil sollt sinn, de Schoulsystem ze harmoniséieren, ouni dobäi natierlech Optiounen ze verléieren.

Am Moment trenne mer Schüler op no Classique, Technique a Modulaire an dann och nach emol no Sproochen, an deene se ënnerricht ginn, mat der Differenzéierung tëscht den Europaschoulen an den anere staatleche Schoulen. Muss dat an där Form sinn?

Natierlech ass et organisatoresch net méi einfach, wann all Schoul alles muss ubidden. Et ass ganz kloer méi einfach, wann all Schoul just eng bestëmmten Ausbildungsform ubitt an dat dann am beschten och nach ëmmer fir Kanner, déi all änlech Kompetenzen hunn. Et ass méi einfach mat enger homogener Grupp ze schaffen wéi mat heterogener Besoinen. Well da kann een e Programm opsetzen an dee gëtt alle Schüler/innen a Schüler méi gerecht a muss net méi ugepasst ginn, well déi Schüler a Schülerinnen, deenen en eventuell net gerecht géif ginn, huet ee vun Ufank u guer net an dës Schoul orientéiert oder si si souguer esou séier duerch de Raster gefall, dass se fräiwëlleg erëm gaange sinn. Mee dat ka jo awer och net d'Zil vun enger inklusiver Bildungspolitik sinn.

Laangfristeg muss mer also dofir dréngend den Opbau vun eisem ganze Schoulsystem iwwerdenken. Wisou trenne mer am Lycée ëmmer nach konsequent tëscht Technique a Classique, amplaz de Schüler/innen hir Kompetenzen an den eenzele Fächer entspriechend ze féieren? Firwat kann e Schüler aus dem Technique, deen zum Beispill besonnesch gutt am Engleschen ass an an deenen anere Fächer vläicht Problemer huet, net an deem Fach d'Coursé vum Classique suivéieren? Firwat muss deen duerch seng Orientéierung an den Technique an all senger Kompetenz limitéiert ginn, obwuel en an eenzele vläicht ganz staark wier?

Firwat hale mer ausserhalb vun den Europaschoulen ëmmer nach steif dru fest, dass et am classesche Lycée, fir eng Première ze kréien, esou wichteg ass, d'Niewefächer fir d'éischt op Däitsch an dono op Franséisch ze suivéieren an an der Primärschoul eng Alphabetiséierung haut nach gréisstendeels muss, mat klengen Ausnahmen, op Däitsch gemaach ginn?

Wa manner wéi d'Hallschent vun der Populatioun hei am Land nach ausschliisslech Lëtzebuergesch doheim schwätzt, da kann et net sinn, dass mer e Schoulsystem bäibehalen, deen exklusiv op Lëtzebuergersinnen a Lëtzebuergers zugeschnitten ass. Wann eisen aktuelle Schoulsystem ëmmer manner Kanner gerecht ka ginn, da läit dat net un de Kanner, mee dorunner, dass de System muss ugepasst ginn.

Eis Gesellschaft ass extreem am Wandel, an eis Schoulen hunn do e bëssen e Problem nozekommen, well de Wandel geet immens séier. Wann ee kuckt, wéi d'Schoule virun 20 Joer ausgesinn hunn, et domadder vergläicht, wéi et virun 10 Joer ausgesinn huet an et domadder vergläicht, wéi et haut ausgesäit, da gesäit een, dass dee gesellschaftleche Wandel an de Schoulen do ass a vum Gefill hier – dat ass natierlech ganz subjektiv – acceleréiert oder zumindest ëmmer méi séier ausgesäit.

D'Europaschoule kënnen hei, an dat sot ech virdu schonn, kuerzfristeg sécherlech Offhëllef schafen. Mee laangfristeg mussen och déi aner ëffentlech Schoulen hei am Land hir Offer erweideren. Déi international Schoule si schliisslech och haut nach net fir jiddereen zougänglech, och wann hir Diere fir jiddereen opstinn. Datt prinzipiell sech jiddereen umelle kann, heescht jo net, dass och all Kand déi selwecht Opportunitéiten huet, an esou eng europäesch Primärschoul oder an e Lycée ze kommen. Datt hënt schliisslech och ganz dovunner of, ob d'Elteren d'Offer kennen, ob d'Léierpersonal bei der Orientéierung drun denkt, och dës Schoulen als Optioun ze nennen oder ob d'Schoul no genuch beim Wunnuert läit, well ënner anerem am Norde gëtt et der nach net ganz vill.

Natierlech kéint een och soen, dass een dann eeben nach méi Europaschoule baue muss, fir se nach méi visibel an nach méi einfach zougänglech ze maachen. Mee dat wär an eisen Aen dann awer iergendwou dee falsche Wee. Dat géif just derzou féieren, dass mer op eemol zwee komplett getrennte Gesellschaftsgruppen duerno hätten, déi sech weeder als Kand nach als Jugendleche begéint sinn a sech domadder och net austausche konnten.

Wann ee sech just nach an der Fräizäit begéint – an och do gesi mer an de Sportsveräiner, zumindest an deenen, an deenen ech aktiv sinn, dass ee ganz kloer Ekippe gesäit, déi ëmmer méi reng aus Europaschoule rekrutéiert ginn an anerer, déi reng aus de staatleche Schoule rekrutéiert ginn, well dann déi Ekippen och méi nobäi leien –, féiert dat awer zu enger ganz, ganz geféierlecher Situatioun.

Mir brauchen also méi déifgräifend Upassungen an eisem Schoulsystem an net just einfach ëmmer méi Europaschoulen. An ech weess, dass esou Reformen net einfach sinn an d'Oppositoun mécht et dem Minister och net ëmmer ganz einfach, wa se dann och nach ëmmer iwwerall probéieren, d'Hoer an der Zopp ze fannen, dat ginn ech dann och gären zou. Mee dat ass nun emol de Rôle vun der Oppositoun, fir no deenen Hoer ze sichen, se ze markéieren an dann ze soen: Kéint een dat net nach besser maachen?

Schliisslech sinn déi Persounen, déi haut am Enseignement do um Bildungsministère schaffen, nëmme seelen déi Kanner gewiescht, déi am aktuelle Schoulsystem Problemer haten. Wien haut entscheede kann, wéi d'Bildung zu Lëtzebuerg ausgesäit, ass deen, deen et gepackt huet, mat der Dräisproochegkeet an eise Schoulen eens ze ginn a seng Première oder Treizième ze packen a potenziell duerno nach weider ze studéieren.

An all déi aner, all déi, déi eeben net mam Schoulsystem eens gi sinn, si vill manner siichtbar an deem Debat. Mee och si sinn do an och fir si mussen eis Schoulen eng Offer hunn, an dat net isoléiert vun deenen aneren, mee mattendran. Well Léiere kann ee schliisslech net nëmme vu senger Proffen, mee och grad a vläicht heiansdo souguer méi vu senger villfältege Matschüler.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsmi-nister Claude Meisch.

### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, a fir d'allérischt och e grouse Merci un d'Francine Closener dofir, dass si dese Sujet op den Ordre du jour hei gesat huet, déi Interpellatioun ugefrot huet, well ech denken, dass et e gudd Moment war, fir eng Kéier en Tëschebilan ze zéien an der Entwécklung vun den ëffentlechen internationalen Schoulen, déi jo schonn eng ganz Rei vu Joren amgaangen ass mat éischte Projete ronderëm de Baccalauréat international, duerno mat den A-Grades an ëmmer méi staark och an deene leschte Joren intensiv ronderëm déi ëffentlech Europaschoulen.

An ech sinn eigentlech ganz frou an dankbar iwwert déi Debat hei, well dach a ganz ville Froe sech awer e relativ breede Konsens hei am Haus de Mëtten, mengen ech, erausgeschleift huet, dass et an enger Demokratie och ënnerschiddlech Vuë gëtt zu eenzelen, mat deene mer eis sécherlech och nach muss befaassen. Dat ass kloer an dat soll deen Debat jo och weiderhi kënnen animéieren. Mee trotzdem stellen ech fest, dass mer alleguerten heibannen eis asetze fir eng staark ëffentlech Schoul, eng ëffentlech Schoul, déi och all Schüler/innen a Schüler eng Perspektiv ka bidden hei zu Lëtzebuerg.

An dat ass jo eng vun eise groussen Ambitiounen gewiescht mat der Schafung vun ëffentlechen internationalen Schoulen, well mer gemierkt hunn, dass eebe ganz vill Schüler/innen a Schüler keng Perspektiv haten an der ëffentlecher Schoul an duerfir a Privatschoulen hu misse goen, an d'Ausland hu misse goen oder den Échec scolaire déi eenzeg Alternativ bliwwen ass, wann ee sech dat anert net konnt finanziell oder organisatoresch leeschten.

Duerfir wëll ech hei nach eng Kéier ënnersträichen, dass mer do alleguerten hei un engem Strang zéien. An ech mengen, dass dat e wichtige Message ass vum Parlament och fir d'Acteuren an der ëffentlecher Schoul, dass mer dat alleguerten hei esou gesinn.

Ech sinn och frou ze héieren, dass et begréisst gëtt, dass mer déi Diversifizéierung do vun eiser Schoullandschaft gemaach hunn, dass et mëttlerweil eeben ënnerschiddlech Offere gëtt an dass d'ëffentlech Schoul eeben net en Deel vun de Schüler éischter direkt do-bausse stoe léisst an a Privatschoulen orientéiert an dass et eebe gutt ass, dass mer haut brittesch Programmer hunn, dass mer international Programmer hunn, dass mer déi europäesch Programmer hunn als eng kloer Alternativ.

En anere Konsens, deen ech konnt feststellen, ass, dass déi Diversitéit vun de Modeller e grouss Potenzial ass, e Räichtum ass an dass mer kënnen vunenee léieren, sécherlech net nëmme vum deem, wat vläicht nach méi nei ass – déi international Schoulen –, eis do dat ofkucke gi fir eisen traditionelle Schoulsystem, sécherlech och ëmgedréint. Mee et ass e Räichtum net nëmme fir de Schüler, dass en d'Méiglechkeet huet, sech souwuel fir deen ee Modell wéi fir deen anere Modell ze entscheiden, mee et ass e Räichtum och, dass mer an eiser ëffentlecher Schoul déi Diversitéit do hunn, wou mer dat, wat an där enger Schoul gutt funktionéiert, eis sécherlech kënnen ofkucke goen.

An dofir hu mer eis jo eeben och op de Wee gemaach, fir unhand vun e puer Pilotprojeten déi Experienz vun enger franséischer Alphabetiséierung, déi elo zënter e puer Joren eeben an den europäesche Klasse gutt

fonctionéiert, och an eisen traditionelle Schoulssystem eriwuerzuehlen, ze evaluéieren a vlächent duerno eeben och d'Méiglechkeet all Schülerinnen a Schüler an enger Rei vu Joren hei zu Lëtzebuerg ze ginn, op Franséisch oder op Däitsch kënnen alphabetiséiert ze ginn.

Wa mer dat hikeréien, jo dann hu mer geléiert vun den europäesche Programmer an da war dat net nëmmen eppes, wat isoléiert war a vlächent e Benefiss war vun enger Rei vun eenzele Schüler an nëmme vun hinnen, mee dann huet et eise ganze System weider dynamiséiert.

Mir sinn eis och eens an der Fro, dass mer esou Pilotprojeten, mee awer och de ganze Spektrum vun den internationale Schoule mussen evaluéieren. Zwou och international Schoule sinn elo de Mëtteg manner hei opgeléicht ginn, nämlech d'international Schoul vum Michel Lucius, déi e brittesche System huet, an ech denken, dass mer och déi an d'Evaluatioun sollte mat abezéien. Mir hunn awer schonn zanter méi wéi zéng Joer och eng aner international Schoul als effentlech Schoul: am Schengen-Lycée gëtt an deem Sënn och en internationale Programm ugebueden. An ech denken, dass een och dee soll mat an déi Visée huele vun enger Evaluatioun.

Dir wësst, a mir hunn och schonn doriwwer geschwat, dass déi Evaluatioun sécherlech net einfach ass, well mer mussen oppassen, dass mer do net Saache matenee vergläichen, déi net ze vergläiche sinn. Wann ech en anere Schoulparcours gemaach hunn, en anere Curriculum gemaach hunn, an deem och aner Kompetenze viséiert ginn, da kann ech natierlech net deen ee Schüler direkt an engem Test mat deem anere vergläichen. Da muss ech mech do schonn e Stéckwäit méi intelligent uleeën. An dat ass jo dat, wat de LUCET, de Luxembourg Centre for Educational Testing, amgaangen ass ze maachen: och e ganz speziellen Testdispositiv auseschaffen, fir eeben och Schüler, déi en ënnerschiddleche Curriculum haten, matenee kënnen ze vergläichen.

Da si mer eis awer och eens, dass mer net kënnen hei stoebleiwen oder net kënnen einfach esou weiderfuere wéi mer et déi lescht Jore gemaach hunn, andeems et dat Eenzegt wär, wat mer géife maache bei den internationale Schoulen: do wou vlächent nach eng Plaz ass, fir eng Schoul hinzesetzen, e Vide scolaire am Land vlächent ass, nach eng opzemaachen. Dat kann et sécherlech net sinn. Ech si ganz no bei deene Leit, déi soen, dass och déi effentlech international Schoule méi schwach Schülerinnen a Schüler mussen ophuelen, dass ass ganz kloer. Duerfir hu mer grad an den europäesche Schoulen, an den effentlechen Europaschoulen, och insistéiert, dass do eng Voie de préparation derbäikënn, fir eeben och Schüler, déi baue fir déi Schülerinnen a Schüler, déi vlächent nach direkt den Uschloss kënnen fannen an net direkt eng Orientatioun an de Seconde classique oder an de Seconde général kritt hunn, mee an d'Voie de préparation, fir dann awer iwwert dee Wee do nach vlächent Fouss ze faassen.

Mir wëssen, dass grad iwwert d'Accueilsklassen an deene Schoulen, mee awer och iwwert d'Voie de préparation ganz vill Primo-arrivanten ... an ech hu jo virduer op deen Challenge higewisen – ech wëll net soen déi Problematik, mee deen Challenge –, 3 % vun eise Schüler pro Joer als Quereinsteiger an eise Schoulssystem kënnen ze integréieren. Dat leeft ganz gutt iwwert d'Classe-d'accueil an d'Voie de préparation vun den internationale Schoulen.

An et ass eng enorm Chance, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech dat just als Klammer hei eng Kéier ka soen, dass mer déi Schoulen hunn, grad elo an der aktueller Flüchtlingskris. Déi hëllefen eis enorm a bidde ganz reell Chancen och deene Schülerinnen a Schüler, déi aus der Ukrain momentan heihinner kommen, déi

dacks e gutt Englescht hunn, fir dann och duerno an eng engleschsproocheg Filière relativ schnell kënnen eranzeklammen. Wa mer déi Capacitéit do net hätten, géife mer déi Kris net esou gutt meeschteren, wéi mer dat momentan amgaange sinn ze maachen.

Ech sinn och absolutt domadder d'accord, dass mer déi Ustrengungen elo wierklech mussen ugoen, fir och frankofon awer och anglofon Offeren ze schafen am Beräich vun der Berufsausbildung.

Frankofoner si mer amgaangen, anglofoner hu mer och geschafen an de leschte Joren, wou ech Minister gi sinn. Et si jo nach keng Generatiounen hier, do gouf et nach net eng. Mir hu mëttlerweil och e puer Formatiounen do. An ech mengen, och engleschsproocheg Formatiounen an der Berufsausbildung maache Sënn sous condition, dass een natierlech och mat Englesch als éischt Sprooch an deenen Domänen herno kann eng berufflech Perspektiv zu Lëtzebuerg kréien, an där Domänen gëtt et. An eenzelen digitalen, informatesche Formatiounen zum Beispill gëtt et dat sécherlech, mee och an anere Beräicher vun eiser Ekonomik gëtt engleschsproocheg Personal gebraucht a rekrutéiert, wat dacks am Ausland forméiert ginn ass. Dat kënnen mer och nach besser hei zu Lëtzebuerg maachen an do schaffe mer och drun.

Ech sinn och mat all deenen d'accord, déi hei drop higewisen hunn, dass et kruzial ass an eiser ablécklecher Bildungslandschaft, déi méi villfältig ginn ass, méi räich ginn ass doduerjer, mee awer och vlächent manner iwwersichtlech ginn ass doduerjer. Villfalt heescht manner Iwwersicht an op där anerer Säit, dass mer op d'Orientatioun musse Wäert leeën.

Dat heescht och effektiv, an dat ass gesot ginn, dass den Enseignant, dee vlächent an der traditioneller Schoul schafft, och emol heiansdo de Reflex muss hunn a mat den Eltere schwätzen a soen: „Hei kuckt, do gëtt et nach eng Schoul, an déi kéint och eng ganz gutt Alternativ sinn.“ Dat heescht, dass bei dem Passage Fondamental-Seconde natierlech besonnesch deen dote Reflex och eng Kéier nach misst spillen, fir ze soen, dass et net just den nächste classesche Lycée oder de Lycée général ass, mee dass dat och eng international Offer ka sinn, déi an der Géigend ass, déi eng reell Alternativ kéint sinn an dass d'Elteren an de Schüler sech dat op d'mannst ukucke ginn.

An duerfir hu mer d'Maison de l'orientation hei geschafen. De Claude Lamberty ass drop agaangen. Opgrond vun Ärer Visitt de Moie war déi Impressioun nach ganz frësch, fir dat hei kuerz ze rapportéieren. Duerfir maache mer eng grouss Schoulfoire vum 2. bis de 4. Mee an der Luxexpo, fir d'Klassen allegueren ze invitéieren aus dem Cycle 4.2 aus dem ganze Land, fir wierklech déi ganz Panoplie gewisen ze kréien, well mer wëssen, dass een d'Tendenz huet, an déi Schoul ze goen, an där d'Mamm oder de Papp scho waren oder an déi Schoul ze goen, an déi een ze Fouss oder mam Vëlo kann higoen oder fueren oder vlächent bei där de Busarrët dann e Stéck wäit méi no ass oder an déi déi aner Kollege ginn.

Mee mir hätte jo eigentlech gären, dass dann, wa mer ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler hunn, dee Schüler, dee bei déi Schoul passt, an déi Schoul, déi bei dee Schüler passt, zueneefannen. Nëmme da geet dee System do op. An duerfir musse mer méi grouss Efforten um Niveau vun der Orientatioun maachen.

Et läit mir och um Häerz, an ech si frou, dass dat an där Motioun och opgeworf gëtt: transparent Aschreiwungen. Ech mengen, mir hate schonn an der Kommissioun des Woch nach iwwert d'Problematik rieds: kloer Krittären, déi an engem Gesetz stinn, dat heescht herno net Diversitéit an der Schoul, mee riskéiert

éischter, eng ganz homogeen Schoulpopulatioun ze erginn. Wann ech zum Beispill géif soen: Déi éischt Schüler, déi mer ophuelen, dat si Primo-arrivanten – dir hutt d'Schülerzellen hei héieren –, heescht dat warscheinlech, dass dat herno Schoule wären, an deenen nëmme Primo-arrivantë wären. Mir hätten awer gären e Spigelbild vun der Gesellschaft och an den internationale Schoulen. Well nëmme esou ka wierklech och an deene Schoulen, an deene Klassen do Integratioun geschéien.

An duerfir hunn ech bis elo nach ëmmer plädéiert, fir net ze kloer eppes an d'Gesetz ze schreiwen. An d'Chamber ass bis elo nach ëmmer mat op deen dote Wee gaangen. Mee ech denken, dass et absolutt legitim ass, dass mer den Direktiounen, deene mer do Vertraue schenken, dass se et awer en bon père oder bonne mère de famille dann awer ëmsetzen, ... dass mer eis dat och eng Kéier ukucke ginn an dass mer och do garantéieren, dass eng gewëssen Transparenz do ass.

An dass dat de Message ass – an dat ass erëm eng Kéier e Konsens, mengen ech awer, deen de Mëtten hei erauskomm ass –, dass mer gären hätten, dass dat e Spigelbild vun der Gesellschaft ass an dass d'Schoulpopulatioun do esou heterogeen ass, wéi d'Gesellschaft ass, an och vlächent d'Schüler an anere Schoulen dann zesummegesat sinn, dass dat de Message ass, deen dann och do erëm ëmgesat gëtt an dass mer eis dat ganz genau och eng Kéier ukucke ginn.

Ee Punkt, wou ech vlächent mat deem engen oder aneren ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Meisch, erlaabt Der, dass d'Madam Adehm Iech eng Fro stellt?

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Jo, gären.

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Jo, merci, Här Minister. Just eng ganz kuerz Fro. Dir hutt gesot, Dir organiséiert déi Schoulfoire. Déi ass uganks Mee, an déi ass dann haaptsächlech op de Cycle 4.2 zentriert, fir dass déi Kanner sech kënnen ukucke goen, a wéi e Lycée se duerno wëlle goen.

Mir diskutéieren haut iwwer international Schoulen. Wéi erkläert Der dann an deem Zesammenhang, dass déi nei international Schoul Gaston Thorn hir Umeldunge schonn ofgeschloss huet op den Datum vum ... ech mengen, et war elo de 15. März? Dat heescht, déi Kanner, déi déi Schoul elo gesinn, hu guer net méi d'Méiglechkeet, fir sech déi nächst Rentrée an där Schoul anzeschreiwen, well d'Umeldunge schonn ofgeschloss sinn. Wéi passt dat zesummen?

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Et geet hei an enger Schoulfoire drëms, fir déi ganz Panoplie vun Offeren ze weisen. Wann elo Schoulen natierlech hir Decisiounen do éischter wëllen huelen – ech mengen, et sinn eréischt d'Inscriptiounen, ech gleewe kaum, dass et Decisiounen ginn –, déi kënnen se net huelen, well d'Chamber d'Gesetz nach net gestëmmt huet, soudatt ech emol unhuelen, dass dat doten nach net konnt stattfannen, dass de 15. März Decisiounen konnte geholl ginn ...

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Inscriptiounen.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | ... vun Inscriptiounen.

Wann dat doten esou ass, da fannen ech et nach ëmmer richtig, dass mer d'ganz Bildungslandschaft, déi mer hunn zu Lëtzebuerg, weisen an där Schoulfoire. An dat ass d'Ambitioun vun där doter Schoulfoire. Well wa mer se net weisen, da wäert och dat nächst Joer keen de Wee dohinner fannen. An ech denken,



datt déi Schoulfoire sech net nëmmen u Schüler aus dem Cycle 4.2 orientéiert, generell aus dem Cycle 4, mee och aus dem Lycée, well och do gëtt et nach Orientationsmomenten no der Cinquième, no der Quatrième, a wat fir eng Berufsausbildung datt ee wëllt goen. Et ass déi gesamt Panoplie vun Ausbildungsméiglechkeeten, déi mer do hunn, déi do gewise gëtt, an dat ass benefique.

An dat brauche mer, datt dat an d'Käpp vun de Leit erakënnt, wéi divers eis schoulesch Offer haut ass an datt een net och eréischt dann am Mee ufänkt ze sichen, mee vläicht schon heiansdo e puer Joer vir-drin ufänkt ze sichen an datt een op der Schoulfoire gesäit: Wat fir eng Schoule gëtt et a menger Géigend a wou ginn ech op d'Porte ouverte a wou froen ech mer vläicht eng Kéier e Rendez-vous, fir wierklech driwwer ze diskutéieren, ob op där anerer Säit dann eng Offer existéiert, déi fir mech déi beschten Offer ass. Dat ass d'Iddi vun der Schoulfoire, an net op der Schoulfoire Inscriptiounen ze maachen. Dat kréie mer sécherlech net hin.

*(Interruption)*

Ech wëll op ee Punkt agoen, bei deem ech vläicht net ëmmer d'Approche esou deele vun den eenzelen Interventionen. Dat wëll ech awer och soen. Ech hunn heiansdo d'Impressioun gehat, mir missten awer nach ëmmer probéieren, alles ze uniformiséieren a just een eenzele System ze hunn. Vläch hunn ech eng aner Konzeptioun vum Mënsch, vläch gesinn ech den Individuum a senger Villfalt do als eng grouss Richesse un, an datt mer net probéieren, jidderee just iwwert dee selwechte Leescht ze zéien.

An dat Beispill vum Pinguin – et kéint een aner nennen – weist eis jo awer ganz gutt, datt et ganz ënnerschiddlech Individue gëtt an d'Kanner ganz ënnerschiddlech Talenter a Stärken hunn, a mir hunn haut vill iwwer Sprooch geschwat, mee datt et ganz vill Stärken an aneren Domänen gëtt an datt een do och säi Wee muss fannen a vläch seng Schoul muss fannen, déi, well se Schwéierpunkte setzt, well se eng Approche am Sproochenunterrecht huet, well se och vläch thematesch Schwéierpunkte setzt, am beschte bei ee passt.

Eppes, wat mech am meeschten impressionéiert huet an deene leschten aacht Joer, zanter datt ech Bildungsminister fir dëst Land dierf sinn, war e Gespréich an enger Schoul, ganz fréi, an den éischten Deeg, dat ech hat, bei deem d'Enseignantë mer gesot hunn: „Här Minister, stellt Iech e kleng Jong vir, dee mordicus probéiert, Fussballspiller ze ginn, mee en huet awer keen Talent. Da kann deen dagan, d'gaus probéieren, fir Fussball ze trainéieren a e gëtt och vläch nach besser. Et gëtt och vläch iergendzwoesch eppes, fir an enger Ekipp eng Plaz ze fannen am Amateursberäich, mee fir de Profi wäert et nimools duergoen. Mee wa mer et fäerdegbréngen, datt mer dat anert Talent, wat dat Kand sécherlech och huet, entdecken a mir bréngen dat Kand dohinner, wou dat Talent ka geféiert ginn, da kann een do richteg weiderkommen.“

An ech mengen, datt soll d'Approche nach ëmmer sinn, am plaz ze mengen, datt jidderee kéint, wann e gutt Fussball trainéiert, e gudde Fussballist ginn a wann e gutt Sprooch trainéiert, och an alle Sprooch kéint richteg gutt ginn, a wann e gutt an der Mathé an an der Technik ass an an de Sciencen, dann och do sech gutt drugëtt, ëmmer dee selwechten Niveau erreicht.

An duerfir soen ech: Kommt, mer probéieren net alles ze vill iwwer ee Leescht ze zéien. Jo, mir brauchen e gutt breeden Niveau vu Basiskompetenzen, déi ee muss hunn an allen Domänen, dat ass ganz kloer. Mee et geet och drëms, an dat ass och eng Fro vu

Motivatioun vum Schüler heiansdo, dat ze entdecken, an deem ee wierklech gutt ass an dat dann och ze féieren. An dann, mengen ech, geet een och léier an d'Schoul an et kënnt een och vill, vill méi wäit.

En anere Punkt, Här President, op deem ech awer och nach wëll kuerz agoen, dat ass, datt et net esou ass, datt mer just elo gutt an nei an dynamesch international effentlech Schoulen hätten an de Rescht vun de Schoulen hei am Land quasi nom Prinzip vun der Steinzeitpädagogik géife gefeuert ginn.

*(Interruption)*

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Dat ass et net. Wien dat mengt, war scho laang net méi an enger Schoul. Wien dat mengt, dee verkennt, wéi dacks a wéi vill ... a wéi en Engagement datt d'Enseignanten, datt d'Direktiounen an alle Schoulen un den Dag leeën, fir sech weiderzeentwéckelen, hir schoulesch Offer weiderzeentwéckelen, hir Methode weiderzeentwéckelen, hir pedagogesch Konzepter weiderzeentwéckelen, d'Zusammenarbeit kënnen ze stäerken, déi ganz Schoul ganz kloer ze positionéieren. Dat ass dat, wat ech erliewen.

Elo weess ech, datt de Minister net ëmmer nëmmen déi schlecht Säite gewise kritt, wann en an eng Schoul kucke geet, éischter de Contraire. Mee et ass awer déi Dynamik, déi ech och spieren, wann ech och an dat, wat hei heiansdo elo déi traditionell Schoulen, déi al Schoulen, déi normal Schoulen, wéi och ëmmer datt et genannt ginn ass, hei de Mëtte bezeechent ginn ass, kucke ginn.

An eppes, denken ech, musse eis kloer sinn: Déi nei effentlech international Schoulen si bestëmmt besser fir deen een oder deen anere Schüler, awer se mussen net besser si fir all Schüler. A mir brauchen och nach eng Plaz fir dee Schüler, deen, well en Talenter huet an deem, wat do gefrot ass am classesche Lycée, säi Wee mécht, ouni ëmzekucken, an derduerchgeet a seng Première mécht, am Général ouni ëmzekucken derduerchgeet an do seng Première mécht, duerno studéiere geet an e formidable Parcours hileet.

Ech hunn d'Chance, all Joer Honnerte vun Diplomer selwer kënnen ze iwwerreechen, och u Jonker, déi duerch eise classesche Lycée gaange sinn, déi duerch de Lycée général gaange sinn an déi absolutt gutt Konditiounen hunn, fir duerno hiert Liewen ze maachen am Beruff oder am Studium. An dat solle mer net vergiessen, datt do och gutt Aarbecht, gutt pedagogesch Aarbecht geleescht gëtt.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Éducatiounsminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

**Motions**

Mir mussen nach zur Ofstëmmung vun de Motioune kommen.

**Motion 1**

Fir d'éischt déi Motioun, déi vun der Madamm Francine Closener deposéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräfen? Den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Merci och der Madamm Closener fir déi Motioun, déi eis ganz sympathesch ass. Ech hunn ee ... Nee, kee „Mee“, keng Angscht! Ech hunn ee kleng Souci, bei deem ech vläch eng Klarifikatioun bräicht, woubäi d'Madamm Closener eis vläch ka soen, ob dat

matgemengt ass oder ob se bereet wär, dat mat opzehuelen.

Dat ass beim véiertleschten Invite: Do steet „à veiller à ce que les conditions d'accès aux écoles internationales publiques soient transparentes“, Stréchpunkt. An eis feelt do u sech „et égalitaire“, am Sënn, datt se fir jiddwereen opstinn an net nëmmen transparent sinn. Well et kann een e ganz restriktive System hunn an dee ganz transparent maachen. Dat ass, mengen ech, deen eenzege Souci, dee mir hunn. All de Rescht wär fir eis ok a mir géifen dat da matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Dann huet d'Madamm Hansen d'Wuert.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Merci, Här President. Ech hat scho mat der Madamm Closener geschwat. Wann u sech manner hei dra wär, dann hätte mer kee Problem domadder, well mer mam Zil, datt mer eng Evaluatioun solle maache vun den Europaschoulen an dat Gutt solle matiwuerhuele bei den anere Schoulen, u sech averstane sinn.

Mir hunn awer eng Partie Problemer bei deene ville Saluante, zum Beispill der Reform vum Lycée. Déi hate mer net matgestëmmt, well mer do mat ville Saachen net averstane waren, ënner anerem hätte mir en anere Sproochenunterrecht gefrot. Bei der „création des écoles européennes publiques“, do hate mer eis bei der Déifferdenger Schoul enthalen, well mer gesot hunn, d'Perspektive fir d'Berufsausbildung géife feelen. Duerfir hu mer wierklech Problemer, dat hei ze stëmmen.

Wat ech awer extreem schéi fannen, dat ass, datt hei d'Aide aux devoirs u sech nach eng Kéier drasteet. Mir haten eng Motioun bruecht, déi fir d'éischt refuséiert gi war, well do gesot gouf, se wär superfetatoire. Ech fannen et awer gutt, datt se dann definitiv net superfetatoire ass an datt et hei drasteet. Mee, wéi gesot, mir hu mat eenzele Punkte Schwierigkeeten, duerfir wäerte mer eis enthalen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. Dann huet den Här Keup d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci. Merci, Här President. Ech wëll emol kuerz drop agoen, et geet jo hei fir eis haaptsächlech an där Motioun ëm d'Alphabetiséierung op Franséisch. Et ass awer esou, an dat wëll ech och eng Kéier hei betounen: An eisem Schoulsystem muss net jiddwereen e Sproochegenie sinn. Mir hunn och elo e System, an deem ee locker ka mat 30 an enger Sprooch duerchkommen, an deem ee kann op Première eng Sprooch ewechloossen, an deem ee ka kompenséieren. Dat heescht, och elo schonn hu mer an eisem classesche Lycée oder an eisem allgemenge Lycée d'Méiglechkeet, dass d'Leit hir Schoul packen, och wa se an enger Sprooch méi schlecht sinn. Also, et ass net esou, dass ee muss esou gutt sinn an all Sprooch, fir de Lycée ze packen.

Da gesi mer awer eng immens Gefor an där Alphabetiséierung op Franséisch, an dat hu mer scho gesot: Et ass en Ausernanderdrift vum der Bevëlkerung, dat hei bevirsteet. A mir sinn am Fong der Meinung, dass mer grad an enger diverser Gesellschaft Leit mussen zesummeféieren an duerfir gemeinsam an eng Klass, an eng Schoul bréngen.

Dat ass jo och dat, wat de Minister gesot huet. Ech wëll dat nach eng Kéier soen: „Le ministère n'envisage pas l'introduction de l'alphabetisation en français à l'école fondamentale luxembourgeoise.“ Dat war viru fënnf Joer. Bon, dann huet dat vläch elo geännert.

Da wëll ech och nach eng Kéier drin erënneren, och dat, wat ech virdu gesot hunn, wat den Här Fayot sot, déi Gefor, déi einfach besteet fir d'Cohésion sociale, wa mer eng franséisch Filière opmaachen, an dann och

nach eng Kéier drun erënneren, wat den Här Meisch geschriwwen hat virun e puer Joer, wou gesot gouf: „Une pure alphabétisation en français n'est pas la solution idéale [...], car elle éloigne l'enfant de la langue luxembourgeoise.“

Zum Schluss nach kuerz ... an ech hu mat ganz ville Leit an de leschte Joren iwwer eng méiglech franséisch Alphabetiséierung geschwat. An do kréien ech ganz, ganz verschidde Reaktiounen. Awer et ass eng Reaktioun, déi ech ganz, ganz schrecklech fonnt hunn, déi awer verschidde Leit mer bei deem Kontext bruecht hunn, an dat war déi, dass se gesot hunn, dat wier am Fong gutt, well da kéinte mer jo d'Lëtzebuerger Kanner ënnereneen halen an enger Klass an da misste se net méi bei deenen anere sinn. Dat ass dat, wat verschidde Leit denken. Ech fannen dat ass eppes ganz, ganz Geféierlech a mir sollten déi Pandora-Bécks hei net opmaachen. An duerfir si mir och géint e Projet vun enger franséischer Alphabetiséierung.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Keup. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Eis geet et e bëssen esou wéi der CSV. Et steet e bësse vill dran, dat mer ganz sympathesch ... Et si Saachen dran, déi si sympathesch, et si Saachen, do si mer awer net esou d'accord. An dofir géife mir eis éischter enthalen, well mer et eng ganz gutt Initiativ fannen.

Mir fannen och, dass et d'Responsabilitéit ass vum Staat, fir jiddwerengem en uerdentleche Schoulssystem unzibidden. An ech mengen, et muss een awer och den Ënnerschied maachen zwëschen dem Fondamental an dem Secondaire. Dat ass fir mech awer ganz kloer. Fir mech ass e Fondamentalschoulssystem een, an deem mer d'Kanner sollen esou wäit wéi méiglech an eng Schoul zesummen an hirem Quartier kréien. An dat wëll net heeschen, dass een en Eenheitsbräi mécht, mee et soll ee scho Projeten ... an de Minister huet et gesot: Et gëtt schonn haut Schoulen, déi ganz flott Projete maachen an Enseignanten, déi sech immens do oprappen, fir eppes kënnen op d'Been ze stellen.

An dat ass eis Visioun vun der Schoul. An eis Visioun ass och éischter, de Secondaire méi spéit unzefänken, dass déi Kanner eigentlech méi laang kënnen zesummebleiwen an dass se och vill Projeten an de Schoule kënnen maachen, wou notament och d'Handwierk kann, ... wat mer och de Mueren an der Maison de l'orientation gesinn hunn an héieren hunn a wat genial Projete sinn. Si maachen eng super Aarbecht do, wou se och da wierklech Handwierker kënnen kennelëieren, wou se méi an Ateliere schaffen, wou een eng aner Perceptioun huet vu Schoul a wou d'Kanner dann och gären an déi Schoul ginn, well se liesen a schreiwen a rechnen léieren u Beispiller, déi se direkt an hirem Berufsliewen och brauchen a wou se och da mierken, firwat se dat musse léieren.

An ech mengen, et ass e bëssen eng aner Perceptioun, mee ech weess awer, dass et och schonn där Projete gëtt. Duerfir si mir eeben net esou derfir, fir am Fondamental eenzel International Schools ze hunn, mee se wierklech an hire Quartieren zesummen ze hunn.

Den Exot „an d'Ausland“ ass och ganz oft awer an deene Kreesser, an deene Besoin-spécifique sinn. Do gi ganz vill Kanner haut nach ëmmer net hei beschoult, mee se ginn am Fong geholl an d'Ausland exportéiert, well dann do besonnesch Schoule sinn, wou hire Besoin spécifique besser opgefaange gëtt. An dat ass och fir eis awer e Problem.

A „soureux de donner à tous les enfants les meilleures chances de départ“ – jo, ech fannen awer och: an enger

Primärschoul zesummen, well et soll een och vun deene ville verschidde Kanner, vun deene ville verschidde Talenter, déi se hunn, profitéiere kënnen, fir eppes zesummen ze maachen. Voilà!

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. An da geet d'Wuert zréck un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Francine Closener.

**Mme Francine Closener (LSAP)** | Jo, villmools merci. Merci och dem Här Clement fir eigentlech d'Bereetschaft, déi Motioun do matzedroen. Ech mengen, mir hunn absolutt guer kee Problem, fir dat Wuert do nach derbäisesetzen, ëmsou méi wéi de Minister jo elo grad erkläert huet, dass dat genau jo och am Sënn ass vun der Saach, fir eeben derfir ze suergen, dass eng Mixité sociale an deenen Europaschoulen ass.

An ech denken, dass et sënnavoll wier, wa mer dat vläicht och an der Kommissioun deemnächst eng Kéier géifen traitéieren, no wéi engem System, no wéi enge Kritären dann awer d'Europaschoulen, déi ënnerschiddlech Europaschoulen d'Leit, also d'Schüler selektionéieren. Duerfir also: guer kee Problem.

Der Madamm Hansen wollt ech soen: Ech sinn awer frou, dass mer am grouse Ganzen e Konsens hunn, dass mer eis bei den Invitten erëmfannen. Et läit an der Natur vun der Saach gréisstendeels, mee et läit natierlech an der Natur vun der Saach, dass mir och dat matdroen, wat bis elo scho gemaach ginn ass, fir eebe méi Chancëgläichheet a méi Chancëgerechtkeet an eise Schoulssystem eranzekréien.

Ech denken, et ass nach net genuch, do si mer eis eens. Dat, wat gemaach ginn ass, begreissen ech awer absolutt, well et ass awer och d'Zeechen dovunner, dass d'Zeeche vun der Zäit erkannt gi si vum Minister, vun der Regierung. Duerfir mengen ech, dass mer un där Motioun esou festhalen. Dat selwecht och fir d'Madamm Cecchetti. Voilà!

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Closener. Ech mengen, da kënnen mer zum Vott iwwert dës Motioun kommen, mat där klenger proposéierter Modifikatioun.

### Motion 1 modifiée

*La Chambre des Députés,*

– considérant l'hétérogénéité croissante de notre population scolaire qualifiée de « hyperdiversité » par les chercheurs de l'Université du Luxembourg ;

– considérant que le pourcentage d'élèves dont la première langue parlée à la maison n'est pas le luxembourgeois s'élève à 66,3 % ;

– rappelant les conclusions du « Bildungsbericht 2021 » de l'Université du Luxembourg qui se base sur les résultats des épreuves standardisées (EpStan) et selon lesquelles :

• le système scolaire luxembourgeois ne parvient actuellement pas à prendre entièrement en compte la diversité sociale, langagière et culturelle du pays ;

• les élèves issus de familles socialement défavorisées qui ne parlent ni l'allemand ni le luxembourgeois à la maison rencontrent le plus de difficultés dans notre système scolaire actuel ;

• l'alphabétisation en langue allemande au cycle 2.1 constitue de plus en plus un problème qui impacte de façon négative le parcours scolaire de ces élèves ;

– soulignant qu'il est de la responsabilité de l'État d'offrir un système éducatif public dans lequel chaque élève ait une chance de réussir, indépendamment de son milieu d'origine ou de sa situation socio-économique ;

– saluant dans ce contexte les efforts déployés par le Gouvernement en faveur d'une diversification de l'offre scolaire qui miroite la grande diversité des talents, intérêts et biographies langagières des élèves, et plus spécifiquement :

• le développement de nouvelles formations (p. ex. Section I, DAP Enfance etc.), l'introduction de nouvelles matières (Vie et société, Coding) et la modernisation des programmes ;

• le renforcement de l'autonomie scolaire par la « réforme Lycée » qui permet à chaque lycée de forger son offre scolaire ;

• l'introduction des programmes européens et britanniques et l'extension du programme du baccalauréat international ;

• la création des écoles européennes publiques EIDE à Differdange et Esch-sur-Alzette, EIES à Clervaux, EIMBL à Mondorf-les-Bains, LLIS à Junglinster, EIMAB à Mersch et la future création de l'EIGT à Luxembourg-ville qui accueillent désormais quelque 3.000 élèves et auront au final une capacité de plus de 8.000 places ;

– constatant que l'exode vers les écoles privées et l'étranger qu'a connu le système scolaire luxembourgeois pendant des décennies a pu être maîtrisé avec un nombre d'élèves fréquentant une école privée qui stagne depuis des années ;

– saluant l'investissement important dans le développement du système scolaire luxembourgeois et dans l'école publique, et plus spécifiquement la mise à disposition de plus de 4.000 postes supplémentaires par le Gouvernement pour l'Éducation nationale depuis 2017 ;

– constatant que les écoles européennes publiques connaissent une grande popularité et que la demande dépasse actuellement l'offre mise en place ;

– soucieux de donner à tous les enfants les meilleures chances de départ en garantissant la cohésion sociale et l'intégration dans la société luxembourgeoise ;

– s'appuyant sur l'expérience et les compétences des écoles européennes dans la scolarisation d'enfants issus de l'immigration notamment à travers l'alphabétisation en langue française,

invite le Gouvernement

– à s'inspirer du modèle des écoles européennes et internationales en développant, dans le cadre de projets pilotes, un concept pour l'enseignement fondamental offrant aux élèves du cycle 2 le choix d'opter soit pour une alphabétisation en allemand, soit pour une alphabétisation en français ;

– à analyser, dans le même esprit, quels autres éléments du modèle des écoles européennes et internationales pourraient être bénéfiques pour les élèves de l'enseignement secondaire ;

– à promouvoir la cohésion sociale et l'intégration en maintenant les enfants dans des groupes classes mixtes dans lesquels ils seront coenseignés dans un maximum de cours ;

– à maintenir les niveaux de langues reprises dans le plan d'étude actuel et d'assurer ainsi une orientation vers l'enseignement secondaire général ou classique ;

– à préserver le trilinguisme, fondement du système scolaire luxembourgeois ;

– à mener des projets pilotes ayant comme objectif d'évaluer le concept ;

– à tenir compte, lors de la conception des projets pilotes, de l'état de la recherche en matière de psycholinguistique et notamment dans le domaine de l'alphabétisation ;

– à faire évaluer et suivre les projets en question par l'Université du Luxembourg ;



– à présenter l'évaluation à la Chambre des Députés avant toute extension ou généralisation du projet pilote ;

– à veiller à ce que les conditions d'accès aux écoles internationales publiques soient transparentes et égalitaires ;

– à présenter, pour le printemps 2023, à la Chambre des Députés les premières analyses et évaluations du modèle des écoles internationales publiques telles qu'annoncées dans le « Bildungsbericht 2021 » ;

– à mettre en œuvre le concept d'une offre qualitative d'aide aux devoirs à l'échelle nationale pour les élèves de l'enseignement fondamental ;

– à continuer de promouvoir les initiatives existantes du MENJE visant à informer les élèves quant aux différentes offres scolaires.

(s.) Francine Closener, Gilles Baum, Djuna Bernard, Tess Burton, Claude Lamberty, Josée Lorsché.

<sup>1</sup> MENJE 2021, Enseignement fondamental : Statistiques globales et analyse des résultats scolaires. Année scolaire 2019/2020

### Vote sur la motion 1 modifiée

D'Ofstämme fänt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass mat 33 Jo-Stëmme, 4 Nee-Stëmme an 23 Abstentionen uegoholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusti Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana (par Mme Tess Burton), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Cécile Hemmen), Mme Lydia Mutsch (par Mme Francine Closener) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. François Benoy), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Jean-Marie Halsdorf), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Félix Eischen), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Paul Galles), Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

### Motion 2

Da kéime mer zu där Motioun, déi vum Här Fred Keup deposéiert ginn ass. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Claude Lamberty.

**M. Claude Lamberty (DP)** | Jo, merci, Här President. Ech mengen, et ass virdru gesot ginn: eng Evaluatioun, allgemeng, déi soll jo gemaach ginn. Déi gëtt och gemaach. Dofir brauch een do net drop anzegoen. An dat, wat hei awer nach gefrot gëtt, dat ass quasi esou eppes wéi – fir a mengem Bild vu virdrun ze bleiwen: Du kanns net ee Pinguin mat deem anere vergläichen. Dofir mengen ech, geet dat net, wat hei gefrot ass. Dat wär kontraproduktiv. Dofir géif ech proposéieren, dat heiten ofzeleenen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Lamberty. Dann d'Madamm Martine Hansen.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Ech muss och elo dem Här Lamberty widdersprechen, well hei geet et net ëm Pinguinen, hei geet et ëm den Europäesche Referenzkader, an dat ass een europawäite Schema, wéi een u sech Sproocher kann evaluéieren. An ech fannen et wierklech wichteg an ech géif et och ganz interessant fannen, wa mer géifen déi zwee Systemer eng kéier kucken: Wéi eng Kompetenzen hunn d'Schüler an eise Klassen System, wéi eng Kompetenzen hu se an der Europaschoul? An duerfir wäerte mer dat hei da matstëmmen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président. | Merci, Madamm Hansen. Dann ass et un der Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Jo, ech gesinn dat ganz esou wéi d'Madamm Hansen. An et geet jo net ëm Pinguinen, et geet wierklech ëm e Kader, dee festgesat ass. Do si Saachen, déi kann ee matenee vergläichen, dat sinn Äppel, déi vergläicht ee mat Äppel an net Äppel mat Bieren. An dofir géife mir dat do och matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Den Här Fred Keup, den Auteur vun der Motioun.

**M. Fred Keup (ADR)** | Jo, merci, Här President. Ech ka mech awer hei just wonneren iwwert déi Wierder, déi den Här Lamberty elo grad gesot huet, dass e sech am Fong hei wiert, eng Etüd ze maachen nom Europäesche Referenzkader, wéi mer dat an esou ville Beräicher an der Education jo awer maachen, och mam ganze Bildungsbericht. Dat ass jo voller Etüden, wou verglach gëtt. An hei kéint een dat ganz einfach maachen, och an de Sproochen. Well dat wat bis elo virgesinn ass, ass, esouwäit ech weess, just an der Mathé. An ech ginn d'Gefill awer do net lass, dass Der einfach dee Vergleich do scheidt, well Der, mengen ech, wësst, wéi d'Resultat wier.

Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Keup. Ech mengen, da kënne mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

### Vote sur la motion 2

D'Ofstämme fänt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 27 Jo-Stëmme géint 32 Nee-Stëmme ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Martine Hansen), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Paul Galles), Marc Spautz (par M. Georges Mischo), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, M. Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana (par Mme Francine Closener), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Yves Cruchten), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

**Plusieurs voix** | A!

## 9. 7983 – Projet de loi portant modification :

**1<sup>o</sup> de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ;**

**2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées ;**

**3<sup>o</sup> de la loi modifiée du 29 octobre 2020 portant 1<sup>o</sup> dérogation à l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ; 2<sup>o</sup> modification de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ; 3<sup>o</sup> modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées ;**

**4<sup>o</sup> de la loi du 17 décembre 2021 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022**

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir kommen elo zum nächste Punkt an dat ass de Projet de loi 7983 iwwert d'Scolarisation vun de Refugiéskanner aus der Ukrain. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**

**M. Gilles Baum (DP)**, rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Gesetzesprojet 7983 handelt et sech ëm eng Urgence. Duerch d'Krisensituatioun an der Ukrain an déi héich Unzuel u Flüchtlinge bei eis am Land, och Flüchtlingskanner, muss mer derfir suergen, dass si schnellstméiglech a beschtméiglech an eis Schoulen integréiert ginn. Et geet bei dësem Gesetzesprojet konkret drëm, fir d'Aschoulung vun den ukrainesche Kanner ze vereinfachen an ze organiséieren. Dëst ass eng moralesch Pflicht vis-à-vis vun deene Leit, a ganz besonnesch och vis-à-vis vun de Kanner aus der Ukrain, déi bei eis am Land sinn.

Et ass de Moment esou, dass schonn eng ronn 1.000 schoulpflichteg Kanner aus der Ukrain repertoriéiert si bei eis hei am Land. Et kann een awer dervunner ausgehen ... Mir hoffen dat allegueren net, mee mir wëssen awer, wéi et ass: Mat 4 Milliounen Leit, déi d'Land verlooss hunn a 6 Milliounen Leit, déi innerhalb vun der Ukrain um Wee sinn, fir dat Land ze verlosse respektiv déi an aner Länner wäerte goen, muss mer eis do-rop astellen, dass nach méi Flüchtlingen an natierlech dann och méi ukrainesch Kanner op Lëtzebuerg wäerte kommen. An et geet hei drëm, fir se, esou gutt wéi et geet an esou schnell wéi méiglech, an eis Schoulstrukturen ze integréieren.

Ech si ganz besonnesch frou haut, dass mer dee Projet esou séier kënnen stëmmen. Den Text ass de leschte Freiden deposéiert ginn an de Staatsrot huet säin Avis schonn an Dënschdeg ofginn. Fir déi séier an déi effikass Aarbecht wëll ech allegueren deene Bedeelegte Merci soen an da ganz, ganz besonnesch de Kollegen a Kolleginnen aus der Educatiounskommissioun.

Kolleginnen a Kollegen, eis Schoulpflicht applizéiert sech fir all Kand vu 4 bis 16 Joer an deemno och op d'Flüchtlingskanner, déi eng temporär international Protektioun wäerte kréien. Duerfir musse mer elo séier eng Méiglechkeet schafen, dës Kanner a Jugendlech gutt ze scolariséieren an heifir brauche mer natierlech zousätzlech Personal.

Et ass esou, dass d'Kanner aus dem Cycle 1 vum Fondamental an de Gemengeschoolen wäerte kënnen an d'Schoul goen an d'Kanner aus de Cycles 2 bis 4 kommen dann entweder an dem normale Fondamental vun der ëffentlecher Schoul oder an enger internationaler ëffentlecher Schoul ënner, wann esou eng Schoul net allz wäit ewech ass vun do, wou se wunnen.

Well d'Schüler aus der Ukrain scho relativ fréi, an zwar ab dem drëtte Schouljoer, mam Engleschen a Kontakt kommen, wäeren natierlech déi international Schoulen, iwwert déi mer elo quasi hei dräi Stonnen zesumme geschwat hunn, wuel an deene meeschte Fäll déi favorabelst Léisung. D'Schüler kommen do generell als Éischt an eng Integratiounsklass, wou se dann entweder mam Däitschen oder mam Franséischen och a Kontakt kommen – dat heescht, eng zweet, an deem Fall eng drëtt Sprooch, well se schwätze jo Ukrainesch –, wou se déi léieren, éier se dann an eng ganz normal international Klass kënnen integréiert ginn.

Fir der Zuel vu Jonken aus der Ukrain gerecht ze ginn, ass et noutwendeg, zousätzlech Enseignanten a Personal fir den Encadrement anzustellen, déi de Schüler am Alldag kënnen hëllef.

Här President, loosst mech elo kuerz op d'Derogatiounen agoen, déi an deem Gesetz virgesi sinn. D'Employéen, déi mer elo astellen, ginn entweder mat engem CDD oder engem CDI agestellt, an dës verdeelt op déi fënnef Lycéeën vun den internationale Schoulen am Land. Dat wäeren da Miersch, Jonglënster, Munnef, Déifferdeng a Clief. Déi normal Rekrutementskonditioun vu fënnef Joer Berufserfahrung fält an deem Kader ewech. Des Weidere mussen d'Kandidate just eng vun den offiziellen Amtssproochen beherrschen.

Bis den 31. Dezember brauchen d'Remplaçantë jo keng Attestatioun vum Ministère, fir am Fondamental dierfen ersetzen ze goen. Dës Verlängerung erlaabt de Grondschoulen, zousätzlech Personal als Verstärkung vun hirem Léierpersonal anzustellen, an och d'Lycéeën kënnen weider Surveillanten astellen.

Dës Mesurë kenne mir schonn zanter dem Oktober 2020, wou duerch d'Covidpandemie zousätzlech Schoulpersonal huet missen agestellt ginn. Zu gudder Lescht viséiert den Text awer och de Rekrutement vun de sougenannte „Médiateurs interculturels“. Si vereinfachen d'Kommunikatioun an dat sproochlech Verständnis tëscht dem Léierpersonal, de Schüler an hiren Elteren. Si wäerten d'Iwwersetzung maachen, déi ukrainesch an déi lëtzebuergesch Kultur méi no bréngen an natierlech dann och déi éischt Kontaktperson fir d'Schüler a fir d'Kanner sinn.

Loosst mech elo nach just kuerz iwwert d'Kontrakter schwätzen. Mir wësse jo bekanntlech nach net, wéi laang dass déi ukrainesch Kanner bei eis wäerte bleiwen, an duerfir besteet d'Méiglechkeet, dat zousätzlech Personal mat engem CDD anzestellen bis den 31. Dezember dës Joer. An am Fall vun engem CDI an den internationale Schoule muss déi Persoun virum 31. Dezember agestellt sinn.

Fir all weider Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport. Deem läit och eng Fiche financière bäi. An ech géif vun dëser Plaz gären allegueren deene Leit Merci soen, déi elo an deenen nächste Wochen, wou vläicht deen een oder anere vun eis Vakanz mécht, sech musse wierklech ganz, ganz staark engagéieren, fir déi ganz Saach do ze organiséieren a fir ze kucken, dass déi 1.000 Kanner – ech soen elo ronn 1.000 Kanner – wierklech esou no wéi méiglech un deem, wou se wunnen, kënnen an d'Schoul goen an dann och do beschtméiglech encadréiert ginn.

Mir hunn de Moien de Rapport ugeholl an et ass mer do gesot ginn, dass déi Leit, déi während der Pandemie déi Herkulesaufgaben an de Schoule bewältigt hunn, déi selwecht Leit sinn, déi elo mussen déi heiten Aufgabe bewältigen. Ech mengen, dat do gëtt immens, immens vill Aarbecht nach an den zwou nächste Wochen, bis d'Kanner kënnen an d'Schoul goen.

Ech wëll deenen allegueren vun dëser Plaz e ganz, ganz grouse Merci soen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn natierlech selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet de loi. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen dem Här Rapporteur Gilles Baum Merci a ginn d'Wuert direkt weider un déi honorabel Madamm Martine Hansen.

#### Discussion générale

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Merci, Här President. Ech muss d'Pult erfloossen, soss gesinn ech net driwwer, soss sinn ech – wéi heescht en? – de Louis.

Här President, e grouse Merci un de Rapporteur fir de Rapport. Ech ginn och nëmmen op zwee Punkten an. Also u sech géife mer am léifste géint dës Projet de loi stëmmen, well genau dat passéiert ass, wat ech bei där leschter Verlängerung gesot hat, nämlech datt elo eng ganz Partie Leit, déi net d'Konditiounen erfëllen, fir iwwerhaupt ersetzen ze goen, elo fir d'drëtt d'Verlängerung vun hirem Kontrakt kréien an datt déi elo fest agestellt ginn.

Ech hat bei där leschter Verlängerung gesot: „Kommt, maacht direkt e Kontrakt bis de Juli, da komme mer net an d'Gefor, datt mer matzen am Schouljoer musse verlängeren an dann eebe genau dat elo hunn, wat mer elo hunn!“ Dat heescht, d'Qualitéit ... Ech soen einfach: op den Enseignant kënnt et un. Also ass och d'Qualitéit vum Enseignant extreem wichteg an der Schoul. An duerfir fanne mer et schued, datt mer elo awer eng Partie Contrats à durée indéterminée maache mat Leit, déi net déi néideg Kompetenzen eventuell hunn, déi se missten hunn.

Op där anerer Säit wësse mer awer och ganz genau, datt mer ganz vill Kanner aus der Ukrain elo hei hunn, déi e Recht hunn op d'Schoul. An och do hu mer eng Verantwortung, fir deenen déi schoulesch Méiglechkeeten ze ginn, déi mer kënnen ginn. Déi wäerte sécherlech fir déi Kanner och net optimal sinn, och wa mer d'Personal hunn, well déi si mat eise Sproochen u sech net ... déi kenne se net. Dat heescht, si hunn am Prinzip doheem Ukrainesch geschwat. Verschiddener kréie jo eventuell och nach d'Méiglechkeet, iwwer Onlinecoursen doheem nach ze participéieren.

Ech géif dat extreem wichteg fannen, datt déi dat och kënnen maachen. Mee, wéi gesot, mir sinn eis bewusst, datt mer d'Personal brauchen, fir deene Kanner ze hëllef an duerfir gi mer dann awer den Accord zu deemem Projet de loi.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. An d'Wuert ass elo fir déi honorabel Madamm Francine Closener.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Jo, villmools merci, Här President. Ech soen och als Alleréisch dem Gilles Baum Merci fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport, deen esou gutt war, datt ech och net muss an den Detail hei goen.

Just e puer Bemierkungen: Ech wëll explizit der Regierung och Merci soen, dem Minister, datt hei esou séier reagiert ginn ass, fir derfir ze suergen, datt déi ukrainesch Kanner, déi virum Krich hu misse flüchten, hei ganz einfach kënnen bei eis an d'Schoul goen. Dat ass jo am Fong eng Selbstverständlechkeet, iwwert déi mir eis hei laang ënnerhalen, ob déi Schoulen adaptéiert sinn. Ma et ass immens flott, datt déi Kanner iwwerhaupt kënnen an d'Schoul goen. An ech mengen, si si ganz dankbar derfir, dat ass ganz – ofgesi vun deem, wat se elo vläicht hei léieren, hoffentlech hei léieren – einfach och vun der Symbolik hier e ganz wichtige Gest. Dat heescht fir déi Familien: Dir sidd bei eis wëllkomm, mir këmmen eis ëm Iech, an Är Kanner si wäertvoll!

Fir d'Kanner selwer, déi natierlech mat traumatischen Erlebnissen mussen eens ginn, ass dat einfach e groust Stéck Normalitéit am Alldag, an engem Liewen, dat bestëmmt an deene leschte Wochen a vläicht souguer Méint vun Angscht an Ongewëssheet dominéiert war, eppes wat mir eis eeben hei zu Lëtzebuerg guer net kënnen virstellen an eis fir eis Kanner sécherlech net wënschen.

D'LSAP-Fraktioun begreift deemno ausdrécklech dës Projet de loi, fir d'Scholariséierung vun den ukraineschen Kanner ze assuréieren. An engem éischte Moment gi se jo haaptsächlech an Accueilsklasse vun eisen ëffentlechen internationale Schoulen opgefaangen. Dat weist nach eng Keier d'Noutwendegkeet vun deene Schoulen. Ech denken, et ass och wichteg ze kucken ... Mir hunn elo e Maximum, mengen ech, vun 300 Leit an der Fiche financière agesat vun Enseignanten. Falls et noutwendeg awer géif ginn, datt awer nach méi Kanner kommen, da mengen ech, misste mer bereet sinn, geziilt Upassung virzehuelen. Déi ukrainesch Kanner an hir Famill sollen net d'Gefill hunn, datt se sech hei selwer iwwerlooss ginn.

Nach just ee Wuert zu de Médiateurs interculturels. Och dat ass wierklech eng gutt Saach, datt déi agesat ginn an de Klassen, well eeben déi Kanner sécherlech frou sinn, wa se kënnen en Usprichpartner hunn, deen hir Sprooch schwätzt, deen hir Kultur kennt, dee vläicht och hir Besoinen besser versteet, wéi dat bei eis de Fall ass.

Als Terre d'accueil si mer hei zu Lëtzebuerg gewinnt, Kanner aus anere Länner mat anere Sproochen opzehuelen an ze integréieren. Dat maache mer och hei an dat ass méi noutwendeg wéi jee.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Closener. An d'Wuert geet weider un d'Madamm Djuna Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech mengen, et gouf scho gesot: Mir hunn e grouse Flux vu Geflüchteten aus der Ukrain a mir sinn op ganz ville Fronten am Moment domadder konfrontéiert. An natierlech ass dës Mammutaufgab, fir dat logistescht, awer och personell ze encadréieren, eng, déi och net virum der Educatioun Halt mécht.

Et sinn enorm schwéier Zäiten an et ass och enorm schwéier, fir d'Zuelen ze anticipéieren. An dat mécht eeben de Primo-accueil, d'Encadrement, d'Logistik net einfach an et bedarf ganz vill Koordinatioun tëscht de Ministère, awer net nëmmen, och tëscht



de Gemengen, tëscht den Hëlleforganisatiounen an de Privatleit – e Fait, dee ganz sécher d'Saach nach e bësse méi komplizéiert.

Natierlech ass et wichteg, den Effectif vun den Enseignanten eropzesetzen an och d'Krittäre vum temporären Engagement ze vereinfachen an dat schnell an effikass ze maachen – et gouf scho gesot vu menge Virriedner – a mir begreifen dëse Projet de loi grad a senger Vitess natierlech ausdrécklech.

Ech wëll just kuerz op d'Madamm Hansen agoen, déi jo d'Referenz effektiv gemaach huet op déi lescht Diskussioun, déi mer hate ronderëm d'Astellung vun de sougenannte „Poolyen“ an hire Kontrakt. Ech wëll awer drop hiweisen, Madamm Hansen, an Dir wësst dat esou gutt wéi ech, dass mer deemools, wéi mer dräiwe diskutiert hunn, natierlech net konnten anticipéieren, dass e Krich an der Ukrain géif kommen an dass dee Besoin esou urgent elo géif ginn.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Bei der Covidpandemie hätt een awer vläicht kënnen denken, dass déi nach net am Abrëll eriwuer wär.

**Mme Djuna Bernard (déi gréng)** | Jo, mee ech mengen, dass mer awer elo hei ... Et muss een et scho fairerweis an de Kontext setze vun de Flüchtlingen an do d'Differenz maachen tëscht där heiter Situatioun an dem Covid. Voilà, ech mengen, dass muss een einfach fairerweis hei trotzdem soen.

Ee Punkt, op deem ech wéilt gären hiweisen, ass dee fir de Choix, deem d'Eltere kréien, fir hir Kanner entweder kommunal oder an den internationale Schoulen aschoulen ze loosse. Do ass et, mengen ech, ganz, ganz wichteg, dass d'Kommunikatioun gutt funktionéiert, fir den Elteren an de Schüler ze soen, wou déi verschidde Beschoulungsuerter sinn a wéi d'Horairen an eventuell d'Betreiungsméiglechkeete vun dëse sinn, well dës Donnéeën hunn natierlech en Impakt, ob ech de Choix maachen, ob mäi Kand, wat vläicht nach am Primärschoulsalter ass, a menger Gemeng an d'Schoul geet oder iergendwou mat Bus, Zuch muss enzwousch hifueren. Ech mengen, dass do déi Transparenz ganz wichteg ass an dass mer do wierklech e Fokus mussen op déi Kommunikatioun leeën, fir dass d'Eltere kënnen och en informéierte Choix huelen, wou se dann hir Kanner fir déi nächst Wochen a Méint wäerten aschoulen.

Allgemeng ass et wichteg, e ganz, ganz grousst interkulturell Feingespier ze hunn an dowéinst sinn d'Médiateurs interculturels enorm wichteg, fir d'Kanner an dëser kommander Zäit ze encadréieren. A wa mer vun Encadrement schwätzen, ass et awer och wichteg, dass mer eis Enseignanten, Educateurs mat dësem groussen Defi net eleng loosse. Si brauchen déi néideg Formatiounen. Si brauchen déi néideg Hëllefstellungen, fir den Accueil vun de Kanner ze begleeden an esou hirer Aufgab och gerecht ze ginn. An ech mengen, dass mer an enger nächster, mëttel-fristeger Etapp eeben och bei der Agliederung vun de Kanner a Jonken an der nonformaler Bildung souwuel beim Effectif vum Personal wéi natierlech och bei de Formatiounen, déi mer hinnen ubidden, bei den Hëllefstellungen, déi mer hinnen ubidden, do déi néideg Akzenter mussen setzen.

Déi Kanner bleiwen eng Zäitchen hei. Mir wëssen net, wéi laang et ass, mee wa se duerno an eng Maison relais ginn, wa se duerno an e Scoutsgrupp ginn, an e Sportsveräin, ob et Benevoller sinn oder Educateurs oder d'Enseignanten, déi hunn alleguerten och vill Froen, déi mussen dat Theema vun der Integratioun ganz aktiv an hire Gruppen ugoen. An do, mengen ech, ass et wichteg, dass mer se do un der Hand huelen an hinnen déi néideg Tuyauen an Hëllefstellung ginn.

Fir de Rescht bleift mir just nach, dem Rapporteur e grouss Merci ze soen an natierlech den Accord vun der grénger Fraktioun ze ginn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Bernard. An d'Wuert ass elo fir den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup (ADR)** | Merci. Merci, Här President. Ech wëll effektiv och op dee Punkt agoen, deem d'Madamm Hansen scho benannt huet, dat ass, dass mer hei 300 Leit astelle fir viraussichtlech eng gewëssen Zäit mat engem CDD an da mussen mer trotzdem eng Partie Leit mat engem CDI astellen. De Risiko ass effektiv deem, dass mer do Leit e CDI ginn, déi net déi néideg Kompetenzen hunn an déi mer am Fong soss net géifen an eise Schoulsystem astellen. An déi gi mer jo dann, fir et elo graff ze soen, och an Zukunft net méi lass, och wa se eeben déi néideg Kompetenzen net hunn.

Nächste Punkt: Wann ech mech richteg erënneren, da war an der Kommissioun och gesot ginn, dass déi meeschten Ukrainer wëllen zréckgoen. Dat ass och dat, wat ech héieren hunn. Et weess een natierlech net, et kann een net soen a kee weess dat, wéini dass dat ass, wéi déi Situatioun weidergeet. Mir hoffen natierlech alleguerten, dass sech dat iergendwéi normaliséiert an dass de Krich ophält, wat deene Leit kéint entgéintkommen, mee dat ka keen am Moment wëssen an dat mécht jo och déi Situatioun esou schwierig fir eis.

Dann ass et och esou, dass d'ukrainesch Regierung ... respektiv dohannen an der Ukrain gëtt och en Unterrecht organiséiert iwwer Videokonferenz, eebe grad fir déi Honnerttausende vu Kanner, déi aktuell am Ausland sinn. Dat gëtt och benotzt op verschidde Plazen, zum Beispill an Däitschland oder an anere Länner, an et sinn och Ukrainer, déi dat wëllen. Eventuell wier dat och eng Méiglechkeet gewiescht, fir de Leit do de Choix ze loosse, eventuell dann en ukraineschen Unterrecht ënner enger Surveillance matzemaachen. Dat hätt ee sech kënnen virstellen.

Soit. Mir hunn eis Verantwortung fir déi Kanner, déi hei sinn a mir mussen där gerecht ginn a mir mussen deene Kanner déi néideg Méiglechkeete ginn, fir hei kënnen an d'Schoul ze goen. Dat ass net einfach. Dat ass eng Mammutaufgab. Mir wëssen et alleguerten, dass mer och aktuell fir eis üblech Schoulpopulatioun net genuch Léierpersonal hunn, dass mer vill Lycéeën hunn, déi aus allen Néit plätzen, soudass dat heite sécherlech d'Saach net méi einfach mécht. Mee ech mengen, mir mussen dat heiten elo maachen a mir wäerten natierlech dann och dëst Gesetz hei dowéinst matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Keup. An da wier et un der Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Merci, Här President. Här President, et féiert kee Wee laansch dëst Gesetz. D'Recht op Bildung ass e fundamentaalt Recht. Eis Regierung huet eng moralesch Obligatioun, all Kand, dat um Lëtzebuurger Territoire leeft, eng schoulesch Ausbildung ze ginn. Mir begreifen also, dass d'Regierung dëser Obligatioun iwwert dëst Gesetz um schnellste Wee nokënn.

Mir wëllen awer och bemerken, dass vu vir era muss gekuckt ginn, dass dës Demarchen Deel ginn vun enger transversaler Integratiounspolitik, dat heescht, enger Integratiounspolitik, déi d'urgence de Leit Zougang zu enger Wunneng, enger Aarbecht, enger Ausbildung an der Gesondheet gëtt.

Dat si véier Beräicher, déi ech elo opgezielt hunn, déi als fundamental Grondrechter misste gëllen, an dat fir

jiddwereen. Souwuel fir d'Leit op der Flucht, déi bei eis Refuge fannen, wéi fir d'Leit, déi hei am Land schonn iwwer Generatiounen liewen, a fir déi aus der europäescher Migratioun, déi nach net esou laang hei sinn. Ouni dës Grondrechter ass eng Integratioun an engem frieme Land net méiglech. Ouni dës Grondrechter ass och een onbeschweiert Liewen am eegene Land net méiglech.

Mir erlaben eis, iwwert den eigentlechen Objet vum Gesetz erauszuschéissen, well och d'Enjeuen, déi domadder verbonne sinn, iwwert déi ukrainesch Flüchtlingskris erausginn. De Krich géint d'Ukrain ass e Verbriche géint d'Mënschheet, do si mer eis all eens. Dëse Krich an de Misär, deem en ausléist, weisen eis trauregerweis dorop hin, dass eis Regierung hire moraleschen Obligatiounen oft net an deem Mooss nokënn, wann et ëm aner Flüchtlingen aus aneren Natiounen geet oder wann et ëm d'Bekämpfung vun de sozialen an ekonomeschen Ongläichheeten an eise eegene Land geet.

Mir kënnen just hoffen, dass an Zukunft eis Regierung an eise Staat mam selwechte Volontarismus an der selwechter Hëllefsbereitschaft all deene Leit entgéintkommen, fir déi e séchert Liewen am Heemechtsland net méi méiglech ass. Dat setzt viraus, dass d'urgence mussen Mesur geholl ginn am Beräich vum Logement, der Chômagebekämpfung an der Bildung géint d'Ausereendriffe vun den Ongläichheeten.

Et féiert kee Wee laansch dëst Gesetz. Anerersäits stelle mir eis awer och Froen iwwert d'Aart a Weis, wéi d'Scolariséierung vun den ukrainesche Kanner a Jugendlechen hei geplangt ass.

Wann ech mer d'Saach esou ukucken, gesinn ech, dass si an hir Eltere virun déi selwecht Kontradiktiounen vun eise Schoulsystem gestallt gi wéi all Awunner/innen hei am Land. Engersäits sollen d'Kanner aus der Ukrain haaptsächlech an den International Schools scolariséiert ginn a géifen dann Englesch als Haaptsprouch léieren. Anerersäits kënnen si och an den normale Schoulen an de Gemengen ënnerbruecht ginn, wou se dann als Éischt emol Däitsch als Haaptsprouch léieren. De Choix géif allerdéngs bei den Eltere leien, déi sech fir deen een oder anere System missten entscheiden. An hei wäert dee Choix domadder zesummenhänken, wéi wäit d'Elteren iwwert déi verschidde Schoulofferen hei am Land informéiert sinn.

Anerersäits wësse mer net, wéi d'Sproochekenntnisser vun den ukrainesche Kanner a Jugendlechen, déi scho scolariséiert sinn. Wann Englesch als Niewesprooch an der Ukrain enseignéiert gëtt, da mécht et vläicht Sënn, dass Englesch emol Ausgangssprooch ass, éier ee mat deenen dräi Amtssproochen kënnt. Grad wéi an dësem Fall eng Scolariséierung nom internationale Modell Sënn mécht, well leider an eise Schousystem nëmme d'International Schools dëse flexibelen Émgang mat där Méisproochegkeet erlaben.

Här President, et misst een hei also kucken, éischstens, an der Kontinuitéit mat der Ausbildung an der Ukrain virun ze enseignéiere fir déi, déi an hirem schoulesche Parcours scho méi wäit sinn, an zweetens kucken, dass déi Schüler, déi just de passage an eise Schoulsystem si wéinst dem Krich an hirem Land, och duerno eppes vun hirer Ausbildung zu Lëtzebuerg kënnen mat heem huelen. An drëtens muss een domadder rechnen, dass och Familljen aus der Ukrain sech definitiv wëllen zu Lëtzebuerg etabléieren, oder op d'mannst muss een dës Optioun fir d'Leit oploosen. An deem Fall géifen dës Schüler/innen de Gros, wann net d'Gesamtheit vun hirer Schoulkarriär zu Lëtzebuerg maachen.

Här President, an allen dräi Fäll stellt sech de Problem vun de Sproochekenntnisser an dee vun der

spezifischer pedagogischer Betreuung. Vu virera gëtt keng eenheetlech Ausgangssprooch, an där enseignéiert soll ginn, festgeluecht. Dat geet jo och guer net. Vu virera kommen och net an alle Schoule Classe-d'accueil an den Asaz. Vu virera feelt et un Infrastruktur an u Personal, fir d'Scolariséierung vun de Kanner a Jugendlechen aus der Ukrain anstänneg kënnen ze organiséieren, wat jo och normal ass bei esou ville Kanner, déi op ee Coup komm sinn. An et feelt un Zesummenaarbecht tëscht dem Ministère an de Gemengen. Déi Zesummenaarbecht muss an deem Fall verstärkt stattfannen. Wéi sollen d'Gemenge soss an esou kuerzer Zäit déi Mesurë kënnen stemmen? Et ass jo virdu scho gesot ginn, datt genau déi nämleche Leit elo erëm am Asaz sinn, déi fir d'Coronamesuren hu missen immens vill schaffen. Déi sinn och elo am Asaz.

Schonn an der sanitärer Kris hu mer missen op Personal zréckgräifen, dat den übleche qualitativen Exigenzen net huet misse gerecht ginn. Alt erëm gëtt elo esou Personal age stellt, dat net déi selwecht Qualifikatioun brauch, déi gesetzlech fir den Enseignement festgeluecht sinn. Alt erëm gëtt dat bestoend Personal mat Ufuerderungen iwwerschott, déi an esou kuerzer Zäit quasi onméiglech ëmsetze sinn. Mee Nee soen an deem Kontext, dat mécht keen heibannen, ganz sécher net, an dat wëllt och kee maachen, well et ass ganz, ganz wichteg an et ass eng Herkulesaufgab, déi elo do scho gemaach ginn ass.

Mir soen och net Nee. Mir stëmmen dat do Gesetz mat. Mee mir géifen et begrëssen, wann een an Zukunft eng méi resilient Approche vläicht kéint fannen, wou et fir all Flüchtlinge vläicht e Pool géif ginn oder iergendepes. Et muss ee sech vläicht Gedanke maachen, wéi een dat besser kann organiséieren.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolléeginnen a Kolléegen, ech kéint Iech elo och eng Ried halen, wou ech op verschidden Elementer aginn.

**Plusieurs voix** | Neel!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech constatéieren awer, datt dat meescht gesot ass, datt dat heiten e Projet ass, dee vun ausseruerdentlecher Urgence ass, datt mer Flüchtlingen Hëllef mussen. Ech hätt mer och gewünscht, datt mer esou Offeren och scho bei fréiere Krise gehat hätten. Certes, et ass ni ze spéit fir unzefänken. An deementspreechend gi mir Piraten eisen Accord.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsmi- nister Claude Meisch.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci. Ech ka mech deem eigentlech nëmmen uschlëssen. Et ass bal alles gesot. Ech wëll op zwou Saachen nach eng Kéier opmierksam maachen. Ech hat et virdu schonn ugeschnidden, datt mer déi grouss Chance hunn, datt mer déi international ëffentlech Schoulen hunn, well déi hëllef eis och mat hire Programmer. An déi Integratioun an déi Schoulen ass sécherlech méi einfach hei ze maache wéi an eis traditionell Schoul era mat Sproochen, déi an der Ukrain wierklech guer net enseignéiert goufen.

Dat anert, wat e glécklechen Zoufall ass, dat ass, datt mer grad amgaange sinn, och eng Reform generell ze plange vum Accueil vu Primo-arrivant. Ech

hu virdu d'Envergure vun deem Challenge kuerz beschriwwen mat 3.000 Schülerinnen a Schüler pro Joer, déi vu bausse bei eis kommen, a fir se do besser ze orientéieren. An dat si mer grad eigentlech am- gaangen, hei un engem reelle Fall ze testen, ob mer do mat eise Prozedure richteg leien. An ech denken, datt mer grad duerfir elo dat hei schonn eng Kéier e stéck- wäit besser kënnen meeschten, wéi dat vläicht an anere Flüchtlingsswellen de Fall war.

Da wëll ech nach just ënnersträichen, datt dat Gesetz eis hei d'Méiglechkeet gëtt, Leit nach eng Kéier no deene Konditiounen anzustellen, wéi mer dat och wärend der Coronakris haten. Dat wëllt net heeschen, datt dat déi selwecht Leit sinn. Dat kënnen och aner sinn. Dat wëllt och net heeschen, datt jiddereen, deen elo e Kontrakt hat, datt dee muss verlängert ginn.

A virun allem wëllt et net heeschen ...

(Brouhaha)

Virun allem wëllt et net heeschen, mee dat schéngt elo net méi esou interessant ze sinn, datt och muss dee selwechten Objet an deem Kontrakt stoe wéi virdu. Well virdu war et d'Interventioun am Kontext vun der Coronakris. Elo ass et d'Interventioun am Kontext vun der Flüchtlingsswell, soudatt mer dann och nach der- vunner ausginn, datt mer da souguer kéinten an abso- luter Legalitéit e weidere CDD maachen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Educa- tiounsminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7983. Den Text steet am Document parlemen- taire 7983<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7983 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëm- meg uegholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden (par Mme Martine Hansen), Jean-Marie Halsdorf (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Serge Wilmes), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Paul Galle), Marc Spautz (par M. Georges Mischo), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Carlo Weber), M. Dan Biancalana (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitu- tionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 10. Dépôt de deux motions par M. Jeff Engelen

Da géif ech dem Här Jeff Engelen d'Wuert gi fir den Depot vun zwou Motiounen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha)

**Exposé**

**M. Jeff Engelen** (ADR), auteur | Här President, merci. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Dat beweist, datt mer eng aktiv Chamber sinn.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Voilà!

**M. Jeff Engelen** (ADR), auteur | Ech faasse mech kuerz.

**Une voix** | A!

**M. Jeff Engelen** (ADR), auteur | Den Här Fernand Kartheiser hat et jo ewell gesot, et ass am Kader vum Ukrain-Krich, do muss ee feststellen, datt vill Zivilisten an och Combattanten zu Schued kommen, déi dacks schwéier an och liewensgefierlech blesséiert ginn. An hir medezinnesch Versuergung ass jo an der Ukrain ageschränkt, vläicht net an de Koup gefall, mee age- schränkt. An duerfir si mir der Meenung, datt een do soll deene Leit hëllef, also se op den europäeschen Territoire féieren. Dat ass déi eng Motioun.

Déi aner Motioun geet ëm den IRM, deen elo zu Gréi- wemaacher um Potaschbiereg ewell do steet an dee kéint den 1. Abrëll a Betrib goen. A mir sinn der Mee- nung, wann een do och nach muss waarden, bis datt d'Gesetz ausgeschafft ass, bis dat genau definéiert ass, datt ee soll no den Tariffer, wéi se aktuell an deenen eenzele Spidoler bezuelt ginn, och hei rembourséiert ginn, bis datt dat definitiv gereegelt ass. Et wär jo schued, wa mer en IRM hätten a mer kéinten en net profitéieren.

Ech soen Iech Merci.

Här President, wannechgelift.

**Motion concernant l'intervention humanitaire en Ukraine**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt mat Bedauere fest,*

*– datt am Ukrain-Krich esouwuel Combattante wéi och Zivilisten zu Schued kommen, déi zum Deel schwéier an dacks och liewensgefierlech verwonnt ginn;*

*– datt an der Ukrain selwer eng adequat medezinnesch Versuergung vun de betraffene Persounen net méi iwwer- all ka garantéiert ginn,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– géintwuer de Konfliktparteie fir humanitär Korridoren anzetrieden;*

*– Hëlleforganisatiounen wéi den Internationale Komitee vum Roude Kräiz ze ënnerstëtzen;*

*– sech un internationalen Efforten ze bedeelegen, déi als Zil hunn, schwéier verwonnte Leit aus der Ukrain an d'Europäesch Unioun ze bréngen, fir si do medezinnesch ze versuergen;*

*– och d'Méiglechkeet ze préiwen, fir esou Leit, falls si sollte kënnen op Lëtzebuerg transportéiert ginn, hei am Land medezinnesch ze behandelen.*

(s.) Jeff Engelen.



**Motion concernant l'autorisation de la pratique de radiodiagnostic au Centre médical Potaschberg**

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

– et an der Radiodiagnostik zënter Joren e Manktem u Capacitéiten am Land gëtt, zemools wat den IRM ugeet, mat deemtsprechend laange Waardezäiten, fir e Rendez-vous ze kréien;

– den IRM an aner radiodiagnostesch Servicer zu Lëtzebuerg weider just a Spideeler funktionéieren, dat well d'Gesondheitsministesch de Betrib vun ambulante medezinnesche Strukture blockéiert;

– d'Cour constitutionnelle tranchéiert huet, datt technesch Apparater am Kader vun der Radiologie och dierfen an Dokteschcabineten installéiert ginn;

– déi éischt radiodiagnostesch Praxis vum Land, am Centre médical Potaschberg, mat IRM, Scanner a Röntgenapparat, prett ass, fir hir Dieren den 1. Abrëll opzemaachen, an déi deemtsprechend Autorisatiounen vun der ITM an der Santé virleien;

– d'Gesondheitsministesch trotzdeem keng Autorisatioun fir dës an aner radiodiagnostesch Servicer baussent de Spideeler gëtt, dat mam Argument, datt, fir Tariffer a Remboursement ze reegelen, nach e Gesetz ausgeschafft misst ginn;

– grad den Oste vum Land benodelegt ass, wat radiodiagnostesch Servicer ugeet,

fuerdert d'Regierung op,

– fir de Betrib vun der Radiodiagnostik am Centre médical Potaschberg direkt zouzeloossen an déi nimmlechst Tariffer anzeféieren, wéi se de Moment an de Spideeler am Land praktikéiert ginn, dat op d'mannst esou laang bis déi definitiv Tariffer mat der AMMD ofgeschwat a gesetzlech definéiert goufen.

(s.) Jeff Engelen.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Engelen.**

**11. 7884 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2016 instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement**

An als nächste Punkt hu mer de Projet de loi 7884 iwwert d'Aféierung vu verschidde Bähëllef an Logementsberäich. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova.

**Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire**

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kollegeninnen a Kollegen, et ass haut eng Evidenz, méi wéi jeemools virdrun, datt mer mussen onofhängeg vun Energie ginn, déi fossill sinn, déi importéiert ginn. An déi Dependence muss mer einfach brieche.

Wa mir den nächste Generatiounen e liewenswäerte Planéit wëllen hannerloossen, geopolitesch net méi wëllen erpressbar sinn a manner vum Import ofhängeg sinn, da muss mer esou schnell wéi méiglech d'Energieeffizienz ausbauen an op erneierbar Energien ëmsteigen, an dat an alle Beräicher.

Et ass ee vun deene gréissten Defien, awer och eng Suerg, déi mer hautdesdaags hunn. En plus ass et kloer, datt d'Bierger an d'Biergerinne bei dëser kruzialer Transitiounen mussen ënnerstëtzt ginn. A genau dat maache mer haut mat dësem Projet de loi. PRIMe House ass nämlech déi finanziell Ënnerstëtzung, fir energieatesch Sanéierung, an déi gi stänneg ... Am Fong ginn déi energieatesch Sanéierung ëmmer erëm verstärkt an ëmmer méi breet opgefächert.

Op deem Wee kréien d'Bierger/innen elo méi Ënnerstëtzung, fir Renovatiounsprojeten unzegoen an esou laangfristeg kënne Suen ze spueren. Weider ginn administrativ Hürden, an dat wëll ech awer och ënnersträichen op dëser Plaz, ofgebaut. D'Zil ass et, méi einfach vun dësen Aidë kënnen ze profitéieren, zemools well ganz oft just een oder zwee Baudeeler vun der energieatescher Renovatioun concernéiert sinn.

Duerch dee Projet de loi komme mir also nach méi séier weider fir manner Ofhängegkeet vu fossillen Energien aus dem Ausland a contribuéieren, an dat seet een net oft genuch, zu enger Verbesserung vun der Wunnqualität.

Här President, ech stellen Iech dann haut och de Gesetzesprojet 7884 vir, deen d'Gesetz u sech vum 23. Dezember 2016 ofännert iwwer en Hëllefprogramm fir d'Förderung vun der Nohaltegkeet, d'rationell Notzung vun den Energien an erneierbar Energien am Beräich Logement.

PRIME House ass e Regimm, deen et scho méi laang gëtt, wéi ech scho virdu gesot hunn, an dee lafend konsequent verstärkt gëtt.

De leschten Update war fir den „Neistart Lëtzebuerg“, wou mer d'Subventiounen fir d'Energieberodung an déi energieatesch Sanéierung ëm ganzer 50 % eropgesat haten. Eis Gebaier méi effizient opzestellen, ass besonnesch wichteg, well 20 % vun eisen nationalen CO<sub>2</sub>-Emissiounen sinn op d'Gebaier zrëckzeféieren. Fir Iech de Status quo ze ginn: 2020 goufen 1,6 Milliounen Tonnen CO<sub>2</sub> ausgestouss.

Mir wëllen och d'Emissiounen an dësem Beräich bis 2030 ëm 64 % reduzéieren, natierlech par rapport zu 2005. An hei ass virun allem wierklech e groussen Aspuepotenzial am Albau oder Bestand, wéi een et och wëllt nennen. An do muss mer wierklech ... Mir mussen a mir kënnen och méi séier handeln. Fir d'Energieeffizienz am Logementsberäich ze erhéien, gesäit och de PNEC e ganz ambitiëst Zil vir, nämlech ganzer 3 % am Joer, déi solle renovéiert ginn (veuillez lire: nämlech e Sanéierungstaux vu ganzer 3 % am Joer).

Ech probéieren Iech wierklech kuerz a kloer déi Haaptännerungen am Gesetz ze erklären.

D'Finanzhëllef ginn am Ganzen ëm fénnef Joer verlängert. Vlächcht zwee Stéchdatummer, déi Der Iech musst verhalen: D'Aarbechte kënne bis 2029 gemaach ginn. Dat heescht, déi lescht Rechnung muss vun 2029 sinn, an dann hutt Der nach weider zwee Joer Zäit, fir déi lescht Demande eranzerechen.

Da kennt eng ganz interessant a ganz wichteg Measure. Fir déi, déi am Beräich ware bis elo, ass et wierklech eppes Neies. Et kann een ab elo nëmmen ee Baudeel isoléieren. Mee déi Neiheet ass net, datt de Baudeel isoléiert gëtt, mee datt een net méi muss onbedéngt eng ganz Energieberodung maachen. Well bis elo war et esou: Dat ganz Haus gouf analyséiert, och wann Der just eng Mesure ëmgesat hutt. An elo ass et esou: Dir maacht just eng Energieberodung pro Bauelement, wat Der kennt herno isoléieren a woufir Der och Subventiounen kritt.

Et gëtt och eng Verlängerung a Verstärkung vun de Subventiounen, fir vu fossillen Energien op erneierbar Energien ze goen; si gi verbessert, verstärkt an

an d'Luucht gesat. Also dat heescht, de Mazoutersatzprogramm gëtt weider verstärkt an Dir kritt ganzer 30 % Bonus; dat heescht, méi wéi dat, wat Der bis elo krut, fir eebe vu fossillen Energien op erneierbar Energien ze wiesselen, wat den Heizsystem ugeet.

En zousätzleche Bonus vu 50 % kritt Der och fir d'Entsuerung vun enger Mazoutscuve. Déi muss entsuergt a recyléiert ginn. An dat gouf et och nach net bis elo.

Nei ass och eng Loft-Wärmepompel, déi am Albau eligibel ass – bis elo war et just am Neibau –, an d'Subventiounen ginn och eropgesat. Nei ass och eng Hybrid-Wärmepompel, dat heescht eng Wärmepompel, wou zwou Sourcë gebraucht ginn. Hybrid-Installatiounen an dat Ganz, wéi gesot, gëtt verstärkt an elo finanzéiert.

E Bonus vu 50 % kritt Der och, wann Der eng fossill Chaudière duerch eng erneierbar Chaudière ersetzt. An d'Konsequenz ass u sech, datt Der musst och déi ganz Installatioun, wat d'Tuyauen ugeet, doheem ersetzen. An dat gëtt eben elo och subventionéiert.

Dir kritt och méi Subventiounen, wann Der Iech un e sougenannt Fernwärmenetz uschléisst oder vlächcht besser bekannt ënner Réseau urbain.

Bei der Holzchaudière ass et och esou: Et war ëmmer gutt, wann een e Partikelfilter hat, wéinst dem Feinstëbs, mee dee gouf bis elo net subventionéiert. An ab elo gëtt en och mat subventionéiert, fir eben eng besser Loftqualität ze garantéieren.

D'finanziell Ënnerstëtzung, wéi ech scho virdu gesot hunn, gëtt dem Niveau vun „Neistart Lëtzebuerg“ och erëm ugepasst; dat heescht, 50 % méi fir déi Energieberodung. Fir den Ausbau vun erneierbaren Energie weiderzedreien a virun allem fir d'Leit ze encouragéieren, a Richtung Eegennotzung ze goen, wat d'Fotovoltaikanlagen ugeet – dat heescht, wann ee Strom op sengem Daach produzéiert, soll een och encouragéiert ginn, fir dee selwer ze notzen –, gi fir dësen Zweck 50 % vun de Coût-effectifité vum den Anlage subventionéiert, wat u sech soll derzou féieren, datt ee soll méi onofhängeg ginn.

Da ginn och nach Modifikatiounen gemaach, esou datt d'Isolatiounsmaterialien no Ökokrittäre méi oder manner subventionéiert ginn. An esou muss ee soen: Ab 2024 wäerten nottament keng fossill Isolatiounen méi finanzéiert ginn, ausser si bestinn zu 50 % aus recyléiertem Material. Fossill Isolatioun: Styropor, Styrodur; Ökomaterialien: Hanf, Holzfaser et cetera.

Et ass wichteg, och op dëser Plaz ze soen, datt dat heite Gesetz och vun engem Règlement grand-ducal begleet gëtt, wou déi konkret Ëmsetzungsmesuren an d'Konditiounen drastinn. A béid gëllen ab dem 1. Januar 2022.

Wat d'Finanzhëllef beim Neibau ugin, ginn d'Subventiounen ëm ee Joer verlängert. Firwat just ee Joer? Well mer amgaange sinn, de LENOZ-Konzept, dat heescht d'Lëtzebuurger Nohaltegkeets-Zertifizéierung, ze reforméieren, an do d'Durabilitéitskrittären nei definéiert ginn.

Wat ass dat fir eng Zertifizéierung? Just e puer Wuert, fir datt d'Leit et och verstinn. Do gëtt d'Nohaltegkeet gekuckt am Bau an och um Bau. Dat heescht, d'Materialien, déi benotzt ginn, a wéi bauen ech déi Materialien a mengem Bau an. Kann ech se erëm demontéieren, fir eng Zirkularitéit ze garantéieren oder net?

An op deem Wee wëlle mer natierlech méi lokal Produktioun vun de Baumaterialien an d'Kreeslafwirtschaft ënnerstëtzen.

Ech komme kuerz zu den Avisen. A sengem Avis vum 1. Februar 2022 huet de Staatsrot u sech keng formell

Oppositionen zum Gesetzesprojekt. Par contre hu si e puer Oppositionen, wat de Règlement grand-ducal ugeet. Déi Reklamatiounen sinn, dass Saachen, déi bis elo am Règlement grand-ducal verankert waren, sollen u sech elo am Gesetz verankert ginn, an dat Ganz, fir konform ze si mat enger Jurisprudence vun der Cour constitutionnelle.

Am zweeten Avis, dem Avis complémentaire vum Staatsrot hu se just zwou Bemerkungen u sech, also zwou Remarques oder Contestatiounen souzeseen, an dat sinn Datumer. Engersäits fir den Albau, well elo ass et esou, dass e Gebai eréischt da ka sanéiert a subventionéiert ginn, wann et méi al ass wéi zéng Joer. An dat Zweet ass déi Period fir déi Eliminatioun vun der Mazouts-cuve.

Mir kruten och aner Avisen eran, ënner anerem vun der Handwerkerkummer, der Chambre de Commerce, der Chambre des Salariés, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. An allgemeng begrësse si natierlech allegueren, dass déi Subventiounen fir eng energieetesche Sanéierung eropgesat ginn. Si begrëssen awer och en neit Element, dass ass nämlech déi Méiglechkeet, dass am Fong déi Subventiounen direkt un den Handwerker ausbezuelet ginn, esou brauch de Client u sech dat net méi ze bezuelen an esou gëtt de Montant, deen de Client reell investéiert, och natierlech dee Moment erfogesch.

Fir weider Detailer verweisen ech natierlech op mäi schrëftleche Rapport.

Kuerz zu den Aarbechte vun der Kommissioun, an da wier ech fäerdeg. D'Gesetz gouf de 15. September d'lescht Joer vun der Ëmweltministesch an der Chamber deposéiert. Den 23. Mäerz hu mir an der zoustänneger Chamberskommissioun de Gesetzesprojekt, d'Amendementen an den Avis vum Staatsrot analyséiert, an de Rapport gouf de 25. Mäerz ugeholl.

Ech kommen zu menger Konklusioun. Ech si frou, dass mir dese Projet esou schnell an d'Pleniéer konnt bréngen.

**Une voix** | Ech och.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng), rapportrice | Gell?

(Hilarité)

**Une voix** | Dat ass eng gudd Saach.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng), rapportrice | Dat ass eng super Saach, well et handelt sech nämlech hei ëm e ganz, ganz extreem sënnavolle Projet, mat deem d'Gebaier mat erneierbaren Energien an d'Effizienz vun de Gebaier weider gestärkt ginn.

Mat dësen Ännerungen an deem Gesetzesprojekt vereinfache mer am Fong, wéi ech scho gesot hunn, d'Prozeduren. D'Bierger an d'Biergerinne kréien elo méi Ënnerstëtzung, fir energieetesche Renovatiounen ze ënnerhuelen. Domadder gi se natierlech och laangfristeg onofhängeg. Domadder spueren se natierlech laangfristeg Suen. A wéi ech scho virdru gesot hunn, net ze vergiessen, si verbesseren am Wunnraum hir Wunnqualitéit.

Merci fir d'Nolauschten!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Rapportrice Semiray Ahmedova.

An da wier et als éischten ageschriwwene Riedner um honorabelen Här Paul Galles.

**Discussion générale**

**M. Paul Galles** (CSV) | Jo, merci villmools, Här Präsident. Bei esou engem Turboprojet kann een der Madamm Rapportrice natierlech och gären déi Minutten

oder déi zwou méi ginn, fir dat dann ze presentéieren. Si huet vill Energie opbruecht, fir eis dat haut den Nomëtteg hei ze erzielen.

(Interruption)

Merci villmools fir hire Rapport, souwuel dee mëndleche wéi och dee schrëftlechen.

Et ass ee Projet, deen eis Ënnerstëtzung fënnt, an d'Madamm Ahmedova huet och déi Punkte schonn ervirgebrach, déi wichteg sinn an deem Projet, déi geännert ginn; zum Beispill eeben déi Tatsaach, dass een eng Mesure kann erausgräifen, ouni mussen eng global Energieberodung ze maachen, déi tatsächlech fir eng ganz Rei Leit bis elo en Hindernis war, fir dran ze investéieren, sech dran ze lancéieren, well et awer en Opwand bedeit, souwuel zäitlech, vläicht och vun den Nerven a vum Stress hier, an natierlech dann och déi finanziell Fro, déi hannendrustoung.

Dat ass zum Beispill eng vun deene Saachen, déi mer op alle Fall begrëssen. An d'Madamm Ahmedova huet och nach anerem genannt, déi derbäikomm sinn an déi dozou féieren, dass dee ganze Paquet vum PRIME House natierlech nach méi attraktiv gëtt.

Ech wëll awer op zwou Saachen hiweisen, déi eis och wichteg erschéngen.

Déi éischt Saach ass déi, dass elo am Accord vun der Tripartite jo och en Top-up social fir d'PRIME House virgesinn ass. Deen ass jo schonn an engem anere Gesetzesprojekt souwisou um Leescht. Dat weess d'Madamm Ahmedova och. Dat ass den 7938. Do geet et ëm deen Top-up social, dee jo scho virgesinn ass. Elo gëtt en nach eng Kéier verännert duerch den Accord vun der Tripartite. Wann ech dat richtig verstinn, geet ee vum Décile 4 an den Décile 5 eran, wat d'Eligibilitéit ugeet, an et gëtt och elo op 100 % eropgesat, méiglecherweis, amplaz vu 40 %.

Dat ass natierlech absolutt begrëssenswäert. Et muss ee just wëssen, dass hoffentlech natierlech doduerch d'Demande an d'Luucht geet an nach méi Leit sech elo och déi dote PRIME-House-Méiglechkeete wäerten uneegenen a wäerten nofroen.

An déi Fro, déi mir eis gestallt hunn, a mir hu se och an der Kommissioun scho gestallt, ass déi: Ass d'Agentur, ass d'Agence hannendrun – also d'Klimaagence oder MyEnergy virdrun – prett fir dat doten? Well mir sinn awer trotzdem am Virfeld vun deem Gesetzesprojekt ëfters domat konfrontéiert ginn, dass eng ganz Rei Leit laang gewaart hunn, dass se drukommen, dass se iwwerhaupt e Retour kruten, dass iwwerhaupt eng Kéier e Rendez-vous ausgemaach ginn ass an dass d'Bürokratie awer trotzdem nach grouss ass.

Ech weess, dass an deem Gesetzesprojekt virgesinn ass, dass eng Simplification administrative gemaach gëtt. Awer mir mussen eis bewosst sinn, dass, wann d'Demande an d'Luucht geet, da muss mer d'Agence wierklech dorop virbereeden. An ech wëll och dem Här Minister déi Fro da weiderginn, wéi dat da virgesinn ass, well mer mengen ... An ech hunn et selwer erlieft, well ech elo eng Kéier nogefrot hu fir eng Energieberodung an ech gesot krut: „Mäi léiwe Paul, du muss elo ganz laang waarden, well do sinn der am Moment net vill do, déi elo Zäit hunn derfir.“ Dat ass déi eng Saach, déi ech wëll ze bedenke ginn.

Déi zweet Saach, déi mer wëllen ze bedenke ginn: Et geet jo ëm Neibauten, et geet awer och ëm Bestandsbauten. An deem Projet de loi ass beim Parc immobilier existant ganz vill Promotioun virgesinn: renforcer du conseil en énergie, renforcer des matériaux d'isolation écologiques an esou weider. Et gëtt awer nach en anere Gesetzesprojekt, deen och prett ass oder deen um Instanzewee ass, dass de 7763, wou et eebe grad bei de Bestandscopropriétéiten drëms geet, dee Fonds

de travaux do anzeféieren, fir eeben där erneierbarer Energien ëmzebauen.

(Brouhaha)

Wa mir dat richtig verstinn, a mir wëllen dat ze bedenke ginn, geet et do ëm eng Obligatioun fir esou e Fonds de travaux. Eng Obligatioun, dat heescht, mir wëllen ze bedenke ginn, dass ee sech do awer muss mat der Fro ausenanersetze vum Droit de propriété, wann een esou eng Obligatioun aféiert.

An dann natierlech och déi Fro, ob all Mënsch, deen dann zu där Copropriétéit gehéiert, ob dee sech dat dann och wierklech ka leeschten. An do ass natierlech ..., ech wëll dee Ball och nach eng Kéier zrëckspille vun deem Top-up social, ob dat net och e Modell wier, fir dee Moment, wou ee feststellt, dass an deene Bestandsgebaier Leit eebe sech dat do net leeschte kënnen, fir do nach Chargen elo obligatoresch anzubezuelen, fir do ëmzestellen, ob een net och do muss driwwer nodenken, ob déi Leit fir esou en Top-up social och eligibel wieren.

Voilà, dat sinn déi zwou Bemerkungen, déi mir mat op de Wee wollte ginn. An ech ginn den Accord am Numm vun der CSV.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Galles. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Max Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Här President, duerch de fierchterleche Krich an der Ukrain si mer eis alt nees bewosst ginn, wéi ofhängeg mer vun Energieimporten sinn, vum Gas, vum Ueleg, vun de fossillen Energieträger, an dat besonnesch aus Länner wéi Russland.

Mir sinn eis eens, dass mer an Europa vill méi onofhängeg an där Hisiicht mussen ginn. Et ass net ze toleréieren, dass e kriminelle Regime, deen d'Energie als geopolitescht Drockmittel asetzt, eis esou erpresse kann an eis forcéiert, seng onmënschlech Aggressiounen op d'Ukrain ze finanzéieren.

Mir gesinn och aktuell, dass et virun allem d'Leit sinn, déi wuertwäertlech de Präis vun eiser Ofhängegkeet bezuelen. D'aktuell Situatioun soll eis also eng zousätzlech Motivatioun sinn, déi aktuell Mesuren ëmzesetzen, déi och am Kampf géint de Klimawandel onëmgänglech sinn. Well och d'Erausforderungen, virun déi eis de Klimawandel stellt, sinn net méi kleng ginn. D'Klimakris huet näischt un hirer Urgence verluer, och wann de Krich an der Ukrain an de leschte Wochen eis Opmierksamkeet dominéiert huet.

Dat ass engersäits natierlech den Ausbau vun den erneierbaren Energien, an anerersäits ass déi bescht Energie natierlech déi, déi net gebraucht gëtt. Doweinst ass och d'Energieeffizienz eng vun eisen absolute Prioritéiten. Dese Gesetzesprojekt ass e weider wichtegt Puzzlestéck, fir déi fossill Energien am Wunnberäich ze reduzéieren.

De Logement ass nom Transport den zweetgréissten Sektor hei am Land, wat d'Emissiounen betrëfft. A puncto Neibau sti mer ganz gudd do, mat engem vun den héchsten Energiestandarden an Europa. D'Erausforderung läit awer éischter bei der Albusanierung.

Als DP begrësse mer doweinst natierlech, dass d'Subventiounen an deem Beräich weidergefuert, ausgebaut a vereinfacht ginn. Virun allem d'Méiglechkeet, vereenzelt Mesuren am Beräich vun der thermescher Hüll ouni Energieberodung maachen ze kënnen, ass wuel sënnavoll. Mir kënnen eis nämlech ganz gudd virstellen, dass d'Obligatioun, eng komplett Energieberodung mussen ze maachen, verschidde Leit ofgeschreckt huet, déi eebe just eenzel Mesurë wollte maachen.



Als DP wölle mer ouni Zweifel d'Leit encouragéieren, hiert Haus maximal energieetesch ze sanéieren. Nëmmen esou kréie mer eise klimatesche Foussofdruck esou niddreg, wéi et geet. Gläichzäiteg ass et eng Investitioun, déi sech op d'Dauer bezuelt mécht, wann een net méi de Präisschwankungen ausgesat ass.

Wien haut säin eegene Stroum produzéiert an domadder eng Wärmepompe bedreift, steet kloer besser do wéi deejéinegen, deen nach eng Mazoutsheizung huet an deem seng Heizkäschtchen doduerch an de leschte Méint explodéiert sinn.

Et ass also an deene Leit hirem eegenen Interêt, an d'energieetesch Sanéierung ze investéieren. Et ass kloer, d'Regierung muss an der aktueller Situatioun de Leit mat engem niddregen Akkommes kuerzfristeg ënner d'Ärm gräifen, fir d'Präisdeierecht ofzefiedere. Mee et ka just eng kuerzfristeg Léisung sinn. Mëttel- a laangfristeg ass déi bescht Pist déi, wéi gesot, vu Gas a Mazout onofhängeg ze ginn. Allerdéngs muss een och soen, dass eng komplett Sanéierung vun engem alen Haus e grouse Chantier ass, deen ee sech trotz generéis Subside muss kënne leeschten.

Wat op alle Fall wichteg ass, ass och hei, déi sozial Gerechtegkeet a Selektivitéit ze garantéieren. Grad déi Stéit, déi am meeschten un den aktuellen Energiepräisser ze knaen hunn, hunn net onbedéngt de finanzielle Spillraum, hir Wunneng ze sanéieren. An dës Stéit dierfen dofir net vergiess ginn. Grad déi akkommensschwaach Stéit sinn tendenziell méi dacks Locataire an domadder vum gudden Wille vum Proprietär ofhängeg, ob e seng Wunneng sanéiere wëllt oder eeben net.

Fir deem Rechnung ze droen, huet dës Regierung an der Vergaangenheet scho verschidde Mesuren decidéiert, wéi zum Beispill d'Erofsatz vum der TVA op 3 % fir Renovatiounen vu Wunnengen, déi zéng Joer hunn, oder d'Aféierung vun engem Taux d'amortissement op den Investitiounen an d'energieetesch Sanéierungen.

Ech verweisen an deem Kader och nach op d'Reform vun der Klimabank, wou de Moien an der zoustänneger Chamberskommissioun de Rapport ugeholl ginn ass. Dës Reform soll garantéieren, dass jiddwereen Accès huet op Finanzéierungsméiglechkeeten, fir säin Haus oder Appartement ze sanéieren.

Här President, de Gesetzesprojet, ëm deen et haut geet, ass also e wichtigen Deel vun engem Gesamtpackage, fir dass jiddwereen d'Méiglechkeet soll kréien, an engem klimafreundlechen an energiespuersame Logement ze wunnen.

Als Demokratesch Partei sti mer hei voll derhannert an dowéinst wäerte mer dësem Projet och eis Zoustëmmung ginn. Dës gesot, géif ech Iech Merci soe fir d'Nolauschteren an der Rapportrice villmools merci fir hire gewinnt exzellente a ganz kompetente Rapport.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | An ech soen dem Här Max Hahn Merci a ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Cécile Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Merci, Här President. Mir hunn et effektiv hei mat engem ganz gudden Gesetz ze dinn an ech soen der Madamm Ahmedova och e grouse Merci fir déi exzellente Presentatioun vun dësem Rapport. E gudd Gesetz eleng geet awer net duer. Wa mir wierklech déi ambitéis Ziler wëllen erreechen a Richtung PNEC, da mussen mer och au fur et à mesure e gudden Monitoring maachen, an zwar e Monitoring, wéi et mam Renovatiounstaux ausgesäit. Wéi ass d'Envergure vun de Renovatiounen? Wéi ass den Taux en général? Wéi vill Leit maachen Renovatiounen an esou weider?

An Ären Äntwerten op verschidde Question-parlementairen, Här Minister, hutt Der gesot, dass den Taux tëscht 0,4 % an 1 % läit. Dat ass zimmlech vag a mir mengen, dass et awer scho wichteg ass, dass een do, wéi gesot, au fur et à mesure méi prezis Donnéeë géif kréien.

Alles an allem, wéi gesot, ass et e ganz gudd Gesetz, wat der LSAP och gefält, an dofir gi mir eis Zoustëmmung. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hemmen. An da wier et un der honorabel Madamm Jessie Thill.

**Mme Jessie Thill (déi gréng)** | Här President, all Kilowatttheure aus enger fossiler Quell, déi mer aspuewen, ass net nëmmen am Interessi vum Klima a vun zukünftege Generatiounen, mee och laangfristeg gudd fir de Portmonni.

E Stot, dee weeder Mazout, Bensinn, Diesel oder Gas brauch, muss sech, wéi de Max Hahn et och scho gesot huet, manner Suergen ëm d'Präisdeierecht maachen an ass och manner de schwankenden Energiepräisser ausgesat. Dat ass einfach d'Realitéit. Dofir freet et mech ëmsou méi, haut kënnen zu dësem extreem wichtige Gesetz ze schwätzen; e Gesetz, dat d'Stéit nach méi ënnerstëtze wäert an hirem ökologescher Transitioun zu méi Energieonofhängegkeet.

A mir fänken hei net bei null un. Déi energieetesch Renovéierung vun Bestand ass eng vun den zentralen Achsen, déi mir am Klima- an Energieplang virgesinn hunn. A grad dowéinst hu mir de Subventionsregime fir d'energieetesch Sanéierung fir d'gréng Relance schonn eng Kéier zolidd eropgesat. An d'Leit si prett, fir op de Wee ze goen. Mat de méi héijen Aidë vum Neistart gouf et eng kloer Acceleratioun bei den Demanden. A mir gi mat dësem Gesetzesprojet elo nach méi wäit. Erlaabt mir, hei e puer Elementer ervirzesträichen.

Mir maachen den Accès op dës Aiden elo nach méi einfach. Bei Eenzelmesurë muss keng komplett Energieberodung méi gemaach ginn, fir datt de Renovatiounsprojet ka subventionéiert ginn. Dës Flexibilitéit ass e Paradigmewissel a wäert et fir vill Leit méi attraktiv maachen ze sanéieren, well se souwuel déi finanziell wéi och déi administrativ Hürden erofsetzt.

Och ökologesche Materialie bei der Isolatioun gi méi staark promovéiert. Mir setzen am Beräich vun de Materialie méi op Nohaltegkeet a Kreeslafwirtschaft.

Beim Ersatz vu fossilen duerch erneierbar Heizsystemer ginn d'Subside weider konsequent eropgeschraaft a mir féieren och e puer wichteg Neierungen an: méi Geld beim Ersatz vu Mazoutheizungen, Loft-Waasser-Wärmepompe kënnen elo och am Bestand subventionéiert ginn an och den Energiekonsum beim Solarstroum gëtt elo méi staark ënnerstëtzt.

Wéi d'Semiray Ahmedova et scho sot: Mat den Ännerungen maache mir den Émstig op fossillfräi Alternativen nach méi attraktiv. An natierlech ass et richtig, datt et Leit gëtt, fir déi et besonnesch schwierig ass, e Renovatiounsprojet unzegoen, ebe well si net déi néideg finanziell Moyenen hunn – absolut! An ebe si brauchen zousätzlech Ënnerstëtzung an d'Regierung schafft an déi Richtung konsequent weider.

Am Kader vun der PRIME House schafe mir d'legal Basis, déi et soll erméiglechen, datt d'Subventionéierung fir spezifesch Aarbechten direkt un d'Entreprise ausbezuel ginn an d'Bierger/innen déi Suen net méi musse virstrecken.

An da louch jo am Kader vun der Reform vun den Aides individuelles schonn e Projet fir e sozialen Top-up vun der PRIME House um Dësch. An elo mat de Resultater

vun der Tripartite gi mer heiriwwer nach eraus, fir d'Stéit ze entlaaschten. Nach méi Leit wäerte vun dësen zousätzlechen Aidë kënne profitéieren an déi Persounen mat de mannste finanzielle Moyene kréien nach e ganze Montant vun hirem PRIME House zousätzlech uewendrop.

Da vereinfache mir och d'Prozedure beim Klimaprêt a schaffen um Fonds de travaux, bei deem besonnesch déi energieetesch Sanéierung bei Appartementshaiser vereinfacht soll ginn, wat virun allem de Locataire wäert entgéintkommen.

Et gëtt hei also un engem ganze Package geschafft, fir den Zougang zu der energieetescher Renovatioun esou accessibel wéi méiglech maachen, an dat fir jiddereen/t.

Här President, ech kommen zum Schluss. Mir als Chamber hunn hei extreem séier geschafft. Eng Woch nom Avis vom Staatsrot stëmme mir de PRIME-House-Projet, ebe well mir eng Klimakris hunn an d'Onofhängegkeet vun internationale Marchésfluktuationen a Konflikter méi wichteg ass wéi jeemools virdrun. D'Leit brauche grad elo an dës schwierigen Zäiten ons voll Ënnerstëtzung bei hire Renovatiounsprojeten.

Fir mat deem opzehalen, mat deem ech ugefaangen hunn: All agespuert Kilowatttheure aus fossilen Energie bréngt ons onsem Klimazil méi no a spuert gläichzäiteg Geld bei Stroum- an Heizkäschtchen. An domadder ginn ech och den Accord fir déi gréng Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Thill. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup.

**M. Fred Keup (ADR)** | Merci, Här President. Ech wëll fir d'éischt der Rapportrice, der Madamm Ahmedova, villmools Merci soe fir hire gudden a komplette Rapport. Ech wëll och soen, dass bei dësem Gesetz hei eng ganz Partie Verbesserung virgesinn, an duerfir wäerte mer dat och matstëmmen.

Ech wëll awer nach en aneren Denkestouss ginn, an dat ass dat Thema gro Energie. An do ass et esou, dass wann een en Haus nei baut, an zemoos hautzudaags mat all deene verschiddene Materialien, déi een do brauch, do brauch een eng enorm Energie, fir d'Haus ze bauen, wat natierlech derzou féiert, dass den Neibau enorm vill Emissiounen fräisetzt. An duerfir ass et am Fong – an dat ass den Denkestouss, deen ech wëll ginn – emissiounstechnesch besser, en Albau ze sanéieren, wéi en Haus ofzerappen an en neit dohinner ze bauen. Do brauch ee vill méi Energie. An dat ass, mengen ech, och eppes, wat een eng Kéier muss thematiséieren an engem méi groussen ... Wéi soll ech soen? Jo, méi daitlech.

Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Keup. An da wier et un der honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Här President, energieetesch Renovatioun an d'Installatioun vun erneierbaren Energie mussen vum der öffentlecher Hand finanziert ginn. De Primmesystem, deen haut an enger reformierter Versioun hei zur Ofstëmmung steet, huet dës Zilsatzung, an duerfir ënnerstëtze mir dat als déi gréng och.

**Une voix** | déi gréng?

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | déi gréng.

(Hilarité générale)

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Et ass spéit.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, et ass spéit. Dir hutt ... et ass och Äert Gesetz, et ass jo Äert Thema. Et war e Lapsus, mee et ass Äert Thema.

Mir ënnerstëtzen als déi Lénk der Regierung hiert Gesetz dann och elo hei. D'Gesetz, dat hei elo virläit, schreift sech an an d'Klimapolitik vun der Regierung. D'Zilsetzung vum dëser Klimapolitik stinn am PNEC an dëse Projet de loi soll dobäi hëllefen, fir d'Ziler bei den Erneierbaren an der Aspuerung vun Energie an domat bei der Reduktioun vum Ausstouss vun Zäregas am Beräich vun de Wunngebaier ze erreechen.

Soumat ass dëse Projet och net isoléiert ze kucken, mee an deem breede klimapolitische Kader. Mir hunn an der Kommissioun de Bilan vun de leschte fënnf Joer PRIME House gewise kritt. Et kann een deen elo positiv oder negativ bewäerten, mee an éischter Linn muss en un der Zilsetzung gemooss ginn, an déi bedeit eng Reduktioun vun den Zäregaser ëm 64 % par rapport zu 1990 (veuillez lire: 2019) am Wunnungsberäich an de kommenden aacht Joer an eng Verduebelung vun den Erneierbare bis dohin. Wa mir eis dat virun Ae féieren an de Bilan vun dem PRIME House donieft leeën, da kann d'Resultat net positiv bewäert ginn, soss maache mir eis lächerlech.

Wann no iwwer fënnf Joer 1.800 Renovatioun subventionéiert goufen a genee esou vill Fotovoltaikanlagen, da muss deen éischte Constat sinn: Et geet hannen a vir net duer! 18 Milliounen a gutt fënnf Joer fir energieetesche Assainissement an 22 Milliounen fir Erneierbare am Wunnberäich, also insgesamt 8 Milliounen d'Joer iwwert deen Zäitraum, sinn dann och ganz bescheide Moyaenen.

Mat dësem budgetären Effort geléngt keng energieetesche Transitioun. Fir d'Ziler ze erreechen, beispillsweis bei der Renovatioun, stinn am PNEC 3 % Renovations-taux d'Joer dran. Aktuell leie mir ënnert deem Prozentsaz. Bei der Fotovoltaik an den Erneierbaren allgemeng ass den Ausbau och schleefend. Mir stinn haut bei knapps iwwer 11 % Erneierbaren, also beim Minimalzil fir 2020, aus deem mir eis och deelweis fräikaf hu mat Statistiken.

Et geet also hannen a vir nach laang net duer!

D'Regierung reagéiert hei elo mat engem Eropsetze vu verschiddene Primmen an och enger Flexibiliséierung vun de Primmen. Besonnesch begreisse mir d'Eropsetze vun de Primmen, fir punktuell Aarbechten ze maachen. Dat kënnst sécherlech och Leit mat manner Revenu entgéint. D'Primmeauffellung en fonction vun der Nohaltegkeet vum Baumaterial ass och de richtige Wee, fir esou méi verstärkt op nowuessend Ressourcé kënnen ze setzen.

Ech wëll hei och nach eng kleng Klamer maachen, wat d'Manpower ugeet. Vu dass jo e Conseiller énergétique oder en Handwierker, deen am Émweltberäich zertifizéiert ass, gebraucht gëtt, stelle mir eis d'Fro, ob et där iwwerhaupt genuch gëtt.

Allerdéngs vermësse mir weiderhin eng Staffellung vun de Primmen u sech. Eng kleng Staffellung soll iwwert d'Gesetzesreform iwwert d'Wunnengshëllefen agefouert ginn, mee et ass schwierig, dat hei elo kënnen ze bewäerten.

D'Eropsetze vun de Primme gëtt och begrënnt als Kompensatioun fir d'Ewechfale vum Prêt à taux zéro fir energieetesche Sanéierung fir Stéit mat klengem Revenu. Eng Hëllef méi op där enger Säit bedeit also den Ewechfall vun enger sozialer Mesure op där anerer Säit. Dat ass alles anescht wéi ambitiéis an eng kloer Prioritéitssetzung.

De grondleeënde Problem vun dëser Subventionspolitik bleift och hei bestoen: Stéit mat manner Revenu gi keng Investitionsprojeten un, warscheinlech elo nach manner a finanziell onsécheren Zäiten. Mat enger Deelbezuschung vun ekologeschen Investissementer ass et do net gedoen, well se de Rescht vum Montant net kënnen opbréngen an och kee Kredit bei enger Privatbank wëllen a kënnen ophuelen.

Mir fuerderen dofir scho laang méi staark gestaffelt Hëllef an eng Finanzéierung aus éffentleche Gelder, déi och un d'Capacités an d'Besoinen vun all Stot kann ugepasst ginn.

Mir hunn et och mat enger zolitter Deierecht ze dinn. D'Energiepräisser explodéieren an dat misst zu engem Émdenke bei der Subventionspolitik féieren. Et misst ganz geziilt op déi Stéit hi cibléiert ginn, déi an der Energiefale sëtzen, an hei proaktiv op dës Stéit duergaange gi mat Aiden, Berodung, Begleedung a virun allem mat enger éffentlecher Hand, déi finanziell ofséchert. Mir hunn och eng Deierecht op de Baumaterialien. Dat féiert no an no derzou, datt déi opgebessert Primmen opgefress ginn an am Endeffekt e Stot awer muss en zolitte Montant selwer opbréngen.

D'Resultat dovun wäert sinn, datt sech näischt ännere wäert. Energieetesche Renovatiounen an Installatiounen vun Erneierbare bleiwe besser situéiert Stéit virbehalen. D'Explosioun vun de Logementspräisser, déi staark Deierecht op Produkter vum Grondbedarf an d'Léin, déi mat dëser Entwécklung net méi Schratt halen, wäerten d'Krees vu Stéit, déi sech fir eng Renovatioun entscheiden, sécherlech net méi grouss maachen an der Zukunft. D'Entscheidung fir en Assainissement vun engem Logement oder d'Utschaffung vun enger Fotovoltaikanlag berout ganz oft op enger ekologescher Conscience – jo –, mee et ass awer ëmmer och eng ekonomesch Iwwerleeung domat verbonnen. Wann dat net esou wier, da bräichte mer jo och keng Primmen an Aspeisetariffer fir Erneierbare. Ekologie an Économie sinn net ze trennen. Wann d'Regierung mengt, e Stot finanziell lackelen ze kënnen an eng Investitioun, da muss se och erkennen, wat e Stot finanziell ofschrecke ka virun ekologeschen Investitiounen.

(Interruption par la présidence)

An dat sinn d'Privatverschuldung, héich Logementspräisser an iwwerhaupt d'Deierecht, onsécher Aarbechtsverhältnissen an Zukunftsängscht an enger onsécherer Zäit.

D'éffentlech Hand ka vill vun dësen Hindernissen aus dem Wee raumen an domadder e qualitative Sprong packe beim Energiewandel.

(Interruption par la présidence)

D'Leit mat klengem Revenu, déi haut an der Energiefale sëtzen, wieren da vläicht mol eng Kéier ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Cecchetti, Dir musst esou lues zum Schluss kommen.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | ... de Gewënen, an de Klimaschutz ganz sécher och.

Merci.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Ok. Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Semiray Ahmedova fir dee gudden schrëftlechen a mündlechen Rapport. Et ass elo no 20.00 Auer. Ech erspueren Iech elo e Best of vun eise Klimapositionen. Natierlech begreisse mer, wann de Minister an d'Chamber kënnt an e gëtt nei Primme fir alles, wat

ëmweltfrëndlech ass. Ech mengen, do sidd Der ëmmer wëllkomm. Dofir wäerte mir et haut och matstëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Energieminister Claude Turmes.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Villmools merci. Ech mengen, et ass schonn e laangen Dag gewiescht.

**Plusieurs voix** | Nee!

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Nee!

**Une voix** | Da maacht et kuerz!

(Brouhaha)

**M. Gilles Baum** (DP) | Dir wësst net, wéi resilient dass d'Chamber ass.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Da schwätzen ech och e bësse méi laang, wann Der dat gären hätt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Turmes, kommt zum Gesetz.

(Hilarité générale)

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Méi schnell eraus aus fossilen Energien, ech mengen, dat ass wierklech dat, wat mer elo brauche wëinst dem Klimaschutz, fir awer och keng Kricher vum Här Putin indirekt ze finanzéieren, an dann awer och, fir erauszekommen aus engem System, deen extreem volatil Präisser huet, ëmmer méi volatil Präisser huet. Ech weess och net, ob dat an Zukunft an där Hisiicht besser geet. An déi stabilsten Energie vun der Zukunft si ganz kloer d'erneierbar Energien an dat heescht, déi beschten Energie, ech mengen d'Madamm Thill huet dat gesot, ass déi, déi ech guer net brauch.

Et ass eigentlech wierklech e flotten Zoufall, dass haut um Dag, wou mer den Accord vun der Tripartite ..., dee jo och nieft de finanzielle Kompensatiounen, déi mer kuerzfristeg maachen, och e Schwiéerpunkt huet op der Energietransitioun, dass mer haut och grad op deem selwechten Dag elo d'PRIME-House-Gesetz hei kënnen stëmmen.

Ech mengen, et ass e Gesetz, wat haaptsächlech beim Carole Dieschbourg ass – d'Carole ass haut zu Paräis, dofir iwwerhuelen ech säi Rôle hei –, an dat mer zesumme gemaach hu mat mengem Ministère a mam Ministère vum Henri Kox.

Ech mengen, ech ginn elo net an d'Detailer. Dir hutt matkritt: Mir wäerte weiderhin am Neibau verschidden Technologie féederen, notament d'Wärmepumpen. De Schwiéerpunkt wäert dorop leien, fir an der Renovéierung vun de Gebaier nach besser weiderzuekommen, virun allem och iwwer vereinfacht Prozeduren. A mir wäerten och den Handwerker méi e grouse Rôle ginn an der Berodung, fir eeben d'Laascht e Stéck wäit ewechzehuele vun den Energieberoder an do handendrun awer och e System ze maachen, dee méi einfach ass.

(Brouhaha)

Wat wichteg ze verstoen ass ... an ech mengen, et sinn der e puer, déi hei soen, mir sinn net schnell genuch. Ech si mat deenen d'accord an duerfir brauche mer dat heite Gesetz, wat jo elo vereinfacht a méi Primme gëtt. Mee dat heite Gesetz ass en Deel vun engem Puzzle, wou mer jo och aner Saache maachen. A mir brauchen



eng Reform vum Syndicsgesetz. Mir brauchen och, mengen ech, wierklech obligatoresch Fongen. Gutt, a mir kënnen eng Kéier driwwer nodenken, ob mer do mussen eppes ofpufferen oder offiedere fir déi Leit, déi manner Revenuen hunn.

Mee mir hu jo nach en anert Instrument, wat hei eent zu eent mat zesummespillt. Dat ass den Amortissement accéléré fir all Propriétaires vun Appartementer oder Haiser, déi se verlounen. Dat heescht, Dir kritt och den Amortissement accéléré nëmmen, wann Der och iwwert d'PRIME House aner Primmen ugefrot hutt. Dat heescht, déi zwee Systemer sinn aneneegestréckt.

An nieft der Renovatioun geet et natierlech dann drëm, dass mer Mazout- a Gasheizungen ersetzen. An ech wëll och, dass mer dat net elo iergendwann déi nächst Jore maachen, mee dass mer e kollektiven Effort maache vun haut un, fir esou vill Gas- a Mazoutsheizungen ze ersetze bis den nächste Wanter an entweder ganz erauszuhuelen oder eppes ze maachen, wat eventuell och Sënn mécht, virun allem an Haiser, déi net esou gutt renovéiert sinn. Dat ass d'Méiglechkeet, fir nieft menger Gasheizung oder nieft menger Gasheizung eng Wärmepompe hinzustellen, déi wäert 70-80 % vun der Energie vum Joer liwweren, an dann notzen ech nach meng besteeënd Mazout- oder Gasheizung just an deene Stonnen, wou et richteg kal ass. An dat ass eppes Neies, wat mer elo probéieren, mat den Handwierker, och mat geziilt Campagné méi massiv elo ganz schnell ënnert d'Leit ze bréngen.

An dann nach ee Wuert, Madamm Cecchetti, zu dem Top-up. Dir sot elo, mir géifen net genuch maachen. Dir sot, do wier nach eng Differenz. Mir hunn haut am Kader vun der Tripartite decidéiert, dass mir 100 % vun enger Wärmepompe un déi Leit ginn, déi am Q1 sinn. A bei 100 %, do ass näischt méi Rescht. Dat heescht, mir ginn elo op e System, deen et schonn an Eisträich gëtt. An ech si frou, dass mer deen elo iwwert d'Tripartite och mat Hëllef vun de Gewerkschafte kréien, fir ze soen: Déi Leit, déi net vill Revenuen hunn, deene Leit gi mer 100 % vun enger Wärmepompe oder 100 % vun hire Renovatiounen a mir stellen och bei der Klimaageng elo Leit an, -spezifesch fir allegueren déi, déi d'Allocation de vie chère kréien. Déi kréien eng spezifesch Berodung, well mer wëssen, dass dat Leit sinn, déi et deelweis méi schwéier hu finanziell, awer deelweis ass dat jo och organisatoresch net ëmmer esou einfach.

Dat heescht, den Top-up ass genee dat, wat eis gefeelt huet. A mir hunn eigentlech elo d'Tripartite genotzt, fir elo endlech déi Baustell zouzemaachen, dat heescht, vu ganz geschwënn un, well mir wäerten den Top-up och an d'Omniibusgesetz dramaachen. Dat heescht, mir kréien dat och éischter. Et ass hei zu Lëtzebuerg fir déi Leit, déi keng oder manner Revenuen hunn, och elo méiglech, massiv an erneierbar Energien an och an Energieeffizienz ze investéieren.

Den Här Galles hat nach gefrot: Hu mer genuch Beroder? Mir hunn der ni genuch! Mee dat, wat ech jo schonn hei virgeschloen hunn, ass, dass op d'mannst d'Kommissioun, déi zoustänneg ass, elo relativ schnell eng Kéier bei d'Klimaagence invitéiert gëtt, fir datt mer Iech erklären, wat mer an der Lescht alles gemaach hunn, fir dee System ze optimiséieren a virun allem och, wéi mer dat mat den Handwierker zesummen digitaliséieren, fir dass mer do en aneren Drive an dat Ganzt kréien.

D'Madamm Hemmen hat nach gefrot iwwert den Taux de rénovation. Gutt, eis Statistike mussen nach besser ginn. Ech hunn, wéi ech elo an de Ministère komm sinn, misse feststellen, dass eis all déi Donnéeën, déi mer hunn iwwert de Passeport énergétique ... dee gëtt et zwar theoretesch, mee praktesch ass de

Computerprogramm, deen do hannendrun ass, eng Kéier gecrasht an dee si mer elo amgaangen, erëm opzebauen. A mäin Zil ass, dass all Gebai – an net all Propriétaire, mee all Gebai – e Passeport, e Pass énergétique kritt. An do wäerte mer dann och den Nodeel vun där Moosnam ..., dass wann ech eenzel Dealer maachen, kéint et jo sinn, dass kee méi weess, ob an deem Haus eng Fënster ersat oder en Daach gemaach ginn ass ... Mir wäerten e Passeport énergétique fir all eenzelt Haus maachen an dat verschneide mat den Energiepass, déi jo obligatoresch sinn, ëmmer wann ech veränneren. Dat heescht, mir wäerten e System opbauen, wou mer wierklech all Donnéeën hunn, an da kënnen mer och besser rechnen, wou mer dru si mam Taux de rénovation.

Fir et kloerzemaachen: Mir leeë mat deem heite Gesetz, mat der Kombinatioun vum Top-up, elo den Turbo an. An ech si ganz optimistes, dass déi Vereinfachung, déi mer hei hunn, dass déi Motivatioun vun den Handwierker an eeben och dat ganzt Ëmfeld elo vun dëser Kris derzou féiere wäerten, dass mer méi wäerte renovéieren, méi Wärmepompe wäerten hunn, manner Mazout- a manner Gasheizung wäerten hunn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Energieminister Claude Turmes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7884. Den Text steet am Document parlementaire 7884<sup>8</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7884 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, M. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), M. Jean-Marie Halsdorf (par M. Félix Eischen), Mme Martine Hansen, M. Max Hengel (par Mme Diane Adehm), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Marc Lies), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Claude Wiseler), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Paul Galles), Marc Spautz (par M. Georges Mischo), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydia Polfer (par M. Gusti Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana (par M. Mars Di Bartolomeo), Mmes Tess Burton, Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Carlo Weber), Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 12. 7905 – Projet de loi relative à l'octroi de la garantie de l'État aux lignes de crédit contractées par le Fonds de garantie des dépôts Luxembourg, et portant modification de la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement

Mir kommen elo zum Projet de loi 7905 iwwert d'Garantie de l'État fir Kredittlinne vum Fonds de garantie des dépôts Luxembourg. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Merci, Här Président. Léif alleguer. An domat wiere mer zur Ofwieselung nees an der Finanz- a Bankewelt ukomm.

Wann Der geleeëntlech d'Télee kuckt, da kënn et emol vir, datt Der ganz laang Schlaange vu Mënsche gesitt, déi viru Banke stinn a waarden, fir un hir Suen ze kommen. Si waarden, fir un hir Suen ze kommen, well se der Institutioun oder dem Finanzinstitut, deem se se geléint hunn, net méi vertrauen a folglech d'Suen nach séier wëllen am Grapp hunn. Dat si Biller, déi een ëmmer erëm an den Neiegeete gesäit, wann iergendwou eng Finanzkris ausgebrach ass oder eng Devisen amgaangen ass, rasant ze entwäerten.

Et ass de Fall, wann eng Kris d'Vertrauen an d'Institutiounen an an d'Bankewiesen zerstéiert. Vu datt Dir alleguer heibannen iwwer eng ganz breet Culture générale verfüügt, erënnert Der Iech bestëmmt un dat historesch Beispill vum 17. Juli 1720, wéi dem Schott John Law seng Bank a Frankräich, déi sech verspekuléiert hat a sech duerch eng „Publicité tapageuse“, wéi d'Fransousen dat nennen, ausgezechent hat, Dau-sende vu Leit an de Ruin gestierzt huet.

An der rue Vivienne zu Paräis hu sech deemools ronn 15.000 Leit gedréckt – Eenzelner goufe souguer erdréckt –, fir un hir Suen ze kommen, well se kee Vertraue méi an dës Bank haten. Et war ee vun de grouse Finanzskandalen am fréien 18. Joerhonnert wärend der Zäit vun der Régence. Dës Beispill weist, datt d'Bankewiese grad eeben um Vertraue baséiert.

Léif alleguer, komme mer nees an eis Zäit an an eist Land zrëck. Et ass eng absolutt Prioritéit, fir hei zu Lëtzebuerg d'Deposanten ze schützen, also d'Leit, déi hir Erspuernesser op Konte setzen. Mir schwätzen hei vun dacks e Liewe laang haart erschafften Erspuernesser vu Privatpersounen. Duerfir hu mir hei zu Lëtzebuerg eng ganz Panoplie u Mechanismen an un Normen, déi derfir suergen, datt d'Erspuernesser vun de Leit souwäit wéi méiglech sécher sinn.

E wichtege Moyer ass de Fonds de garantie des dépôts Luxembourg. Et ass e Fong, deen als zousätzlech Garantie funktionéiert, wann d'Bank et selwer net méi géif packen, fir hir Clienten auszebezuolen. An deem Kader kréie mer jo allegueren eemol am Joer, Dir wësst dat, vun eiser Bank e Brëif heemgeschéckt, deen erkläert datt eis Avoire bis zur Zomm vun 100.000 Euro iwwert dës Fong gedeckt sinn. Wann Der also méi Konten hutt, da kënn Der déi Zomm och problemlos an d'Luucht schrauwen, wann Der d'Méiglechkeet hutt.

Hannert dëser Garantie verstoppe sech natierlech eng Rëtsch Prozeduren a Sécherheeten. Eng zousätzlech Couche Sécherheet ass schonns e bësse méi laang an der Maach. Et geet drëm, datt d'Regierung vum Fonds de garantie des dépôts Luxembourg déi staatlech Garantie op Kredittinnen accordéieren dierf, falls esou eng Kredittinn néideg ass, fir an den Delaien d'Deposanten ze indenniséieren, dat bis e maximale Montant vun enger Milliard Euro.

Dësen Text komplettéiert d'Gesetz vun 2015 iwwert de Fonds de garantie des dépôts. Wann ech soen, datt de Gesetzesprojet scho méi laang an der Maach ass, dann ass dat, well dës Dispositiounen schon am Projet de loi 7638 integréiert waren. Deemools war de Staatsrot a sengem Avis vum 8. Dezember awer der Meenung, datt eng Loi spéciale, also e Spezialgesetz noutwendeg wier, fir datt d'Garantie kéint a Kraaft trieden. De Staatsrot huet sech op den Artikel 99 vun der Verfassung beruff – a fir d'Memberen aus der Comexbu ass dat jo dann näischt Neies –, dee seet, datt e gréisstert finanziellt Engagement ëmmer muss iwwer e Spezialgesetz accordéiert ginn.

Mat dësem Gesetz komme mer och enger Recommandatioun vum Fonds monétaire international no. D'Zil vum Gesetzesprojet ass et also, fir iwwert d'staatlech Garantie fir Kredittlinne vum Fonds de garantie des dépôts en zousätzlechen Niveau u Sécherheet ze schaffen, fir eeben d'Deposanten ze schützen. Et sief hei awer och nach gesot, datt dës staatlech Garantie just spillt, wann de Fonds de garantie des dépôts net selwer eng Ligne de crédit zréckbezuelt kéint.

Fir all aner Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

D'Avisen zu dësem Gesetzesprojet si ganz favorabel. De Staatsrot huet a sengem Avis vum 8. Mäerz erklärt, wéi et zu dësem Spezialgesetz komm ass. Vu datt also hei mat engem zousätzleche Gesetz nogebessert gëtt, fir dat finanziellt Engagement kloer ze ëmrummen, weist de Staatsrot sech ze fridden.

D'Handelskummer huet an hirem Avis vum 4. Januar de Projet begréisst. Si huet d'Virdeeler vum Text erklärt. D'Garantie schützt eeben d'Deposanten.

Fir all aner Detailer verweisen ech hei och op déi respektiv schrëftlech Avisen.

Léif alleguer, mat dësem Gesetzesprojet trëtt also eng Garantie a Kraaft, déi d'Erspuernesser vun de Clienten op eise Banken zousätzlech schützt. Dat heescht, datt mir hei zu Lëtzebuerg warscheinlech keng Schlaange virun eise Banken ze fäerte brauchen, well mir resolut op Preventioun setzen an och fir de Krisefall – esou wéi dat ausgesäit – ganz gutt opgestallt sinn.

Ech soen da schlussendlech der Madamm Finanzministerin Yuriko Backes an hire Beamten aus dem Ministère souwéi alle Mataarbechter aus der Chamber Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht a géif dann och am Numm vu menger Fraktioun, der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, den Accord zu dësem Projet ginn. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Rapporteur André Bauler.

An den éischten ageschriwwene Riedner, de Laurent Mosar, ass scho prett.

**Discussion générale**

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Well den Här Bauler, deem ech e ganz grouse Merci soen, esou en exzellente Rapport gemaach huet a well ech Erbaarme mat Iech hunn, bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mosar. An da wier et um honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Majo, villmools merci, Här Bauler, fir dee gudden Rapport. A selbstverständlech gi mir och eisen Accord vun der LSAP.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. An da wier et um honorabelen Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, villmools merci dem Här Bauler och vu menger Säit. An ech ginn domat och den Accord vun der grénger Fraktioun.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. Da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Merci, Här President. Ech mengen, de Sujet ass esou wichteg, datt mer e sollte méi am Detail diskutéieren.

(Hilarité)

Awer vläicht net haut. Dem Här Bauler e grouse Merci a mir stëmmen dat hei mat.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Et ass e ganz einfache Projet an e gouf exzellent erklärt vum Rapporteur André Bauler. An och mir ginn eisen Accord.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministerin Yuriko Backes.

**Prise de position du Gouvernement**

(Hilarité générale)

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Ech kann dat och vun hei maachen. Ech mengen, Dir hat effektiv alleguerten och schonn e laangen Dag.

**Une voix** | Dir och.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Dann – mir alleguerten, hat ech gesot – jo, och dem Här Bauler natierlech e grouse Merci fir säi schrëftlechen an orale Rapport. Ech mengen, d'Explikatiounen si kloer. Dat heiten ass och eng ganz wichteg Saach fir eise Bankesektor. Dofir – ech mengen, dans l'intérêt de la cause – halen ech mech dann och ganz kuerz. Ech soen Iech wierklech e grouse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. Dat heiten ass eppes ganz Wichtige.

Et ass gutt, dass hei e groussen Accord op deem Projet ass. Dofir soen ech Iech och alleguerten e grouse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. Ech hat zwar elo direkt manner domat ze dinne. Dir hutt richteg gesot, dass dat scho méi laang amgaangen ass. Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Finanzministerin Yuriko Backes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7905. Den Text steet am Document parlementaire 7905<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7905 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeho.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix

Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Jean-Marie Halsdorf (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Hansen, M. Max Hengel (par M. Félix Eischen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Paul Galles), Marc Spautz (par M. Georges Mischo), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Gilles Roth) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par Mme Tess Burton) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 13. 7944 – Projet de loi portant approbation de la « Convention between the Grand Duchy of Luxembourg and the Federal Democratic Republic of Ethiopia for the elimination of double taxation with respect to taxes on income and on capital and the prevention of tax evasion and avoidance », et du Protocole y relatif, faits à Luxembourg, le 29 juin 2021

Mir kommen elo zum Projet de loi 7944 iwwert d'Adoptioun vun enger Steierkonventioun mat Äthiopien. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt.

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

**M. Guy Arendt** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Minister, et ass kee Geheimnis, dass eis Finanzpolitik e wichtige Piler fir d'Attraktivitéit vun onsem Land ass. Dozou gehéiere ganz vill verschidden Aspekten. An e grouse Virdeel vun eiser Finanzplaz ass, dass mir Member vun der Europäescher Union sinn an esou de Banken an Investisseuren direkt den Accès op den europäesche Bannemaart ginn. Mee fir attraktiv ze sinn an ze bleiwen, geet dat eleng net duer. Mir musse enner anerem awer och eis bilateral Bezéiungen ennerhalen a weider ausbauen.

An der Finanzpolitik ass d'Zil, fir Léisungen ze fannen, déi am Interêt vun den zwee Länner sinn – wa mer bilateral schwätzen –, dat a Beräicher, déi soss net genuch reglementéiert sinn. Dat betrëfft virun allem Duebelbesteuerungsofkommissen, déi Lëtzebuerg mat anere Länner negociéiert respektiv negociéiert huet.



De Grand-Duché huet iwwer 80 där Konventiounen mat Staaten aus der ganzer Welt ënnerzeechent. Dozou gehéieren zemoos eis Nopeschlänner, mee awer och Staaten, déi duerch d'ganz Welt verstreet sinn.

Dir kënnt Iech vläicht drun erënneren, dass mir am November 2021 en Duebelbesteuerungsofkommes mam Kuwait an der Chamber ugeholl hunn. Effektiv sinn Duebelbesteuerungsofkommissen e wichtige Bestanddeel vun eiser Finanzpolitik, an iwwerdeems erlaben dës Konventiounen et, déi bilateral wirtschaftlech Relatiounen ze stäerken. Si vereinfachen d'Echangé vu Kapital, Technologien an awer och vu Persounen.

De Fokus vun der Lëtzebuurger Regierung läit de Moment drop, fir nei Konventiounen mat afrikanesche Länner auszeschaffen. Haut dierf ech Iech de Gesetzesprojet fir d'Randifikatioun vun der Ënnerschrëft vun der Konventioun mat Äthiopien virstellen.

Den 29. Juni zejoert hu Verrieder aus Äthiopien a vu Lëtzebuerg eng Konventioun an e Protokoll, deen dobäi gehéiert, ënnerschriwwen. Aus dem Titel geet ervir, dass d'Hauptziler dovunner sinn, d'Duebelbesteuerung op der Akommes- a Verméigenssteuer ze vermeiden an haaptsächlech och géint Steuerhannerzierung virzegoen. Dat heescht, et gëtt evitéiert, dass ee keng oder bal keng Steiere bezitt, also Steierevasioun oder Steuerbedruch mécht.

Den Text vun der Konventioun baséiert op de Modeller vun den zwee Länner a respektéiert natierlech déi jeeweileg Interëten. Et ass finalement eng equilibriéiert Konventioun, déi d'Dispositiounen aus de Steuerregimern vun den zwee Länner iwwerhëlt a gläichzäiteg den internationalen Normen Rechnung dréit. Hei schwätzen ech vun de Modeller zemoos vun der OECD, wat Lëtzebuerg betrëfft, awer och vun de Vereenten Natiounen fir Äthiopien.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum 22. Februar keng Observatiounen um Fong gemaach. D'Chambre de Commerce huet sech an hirem Avis vum 24. Februar kloer fir d'Erweiderung vum Lëtzebuurger Réseau vun Duebelbesteuerungskonventiounen ausgeschwat. Si huet iwwerdeems ervirgestrich, dass dës Konventioun déi internationalen Standarde vun der OECD respektéiert, obwuel Äthiopien net Signataire vun deem Text ass, an deem déi Standarde festgehalen goufen. Fir weider Detailler verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport souwéi déi respektiv Avisen.

Finalemint dierf ech der Madamm Finanzministesch an hire Beamten aus dem Finanzministère grad wéi de Mataarbechter aus der Chamber an aus der Fraktioun Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht bei dësem Projet. An ech ginn och den Accord vun der DP zu dësem Projet an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Rapporteur Guy Arendt.**

An den éischten ageschriwwene Riedner ass nach eng Kéier den honorabelen Här Laurent Mosar.

### Discussion générale

**M. Laurent Mosar (CSV) |** Well den Här Arendt esou en exzellente Rapport gemaach huet, fir deen ech em Merci soen, a well den Owend scho laang ass, bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Mosar.** An dann ass et am honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President.** Ech kann et net grad esou kuerz maachen, awer bal. Natierlech soen ech och dem Rapporteur Guy Arendt villmools Merci fir säi Rapport. Mir wäerten och eisen Accord gi vun der LSAP.

Ech fanne just, dass wa mer haut iwwer en Duebelbesteuerungsofkommes mat Äthiopien schwätzen, et sech dann awer gehéiert, dass mer och driwwer schwätzen, wat an deene leschte Méint an Äthiopien lass war, an iwwert déi schlëmm Ausernanersetzungen, déi an der Regioun vum Tigré waren, wou d'Regierung engersäits an de Front de libération du peuple op der anerer Säit unenee gerode sinn, wou et zu ganz villen Doudege koom, wat eng ganz prekär humanitär Situatioun ass a mënschlech gesinn einfach nëmme schrecklech ass.

Bon, glécklecherweis schéngt sech de Konflikt elo lues a lues ze berouegen. D'Prisonéier sollen ausgetosch ginn an d'Truppen hu sech op béide Säiten zrëckgezunn. Ech hoffen op alle Fall, dass déi Wafferou, déi de leschte Freideg decidéiert ginn ass, den Optakt zu enger méi laangfristeger Berouegung wäert sinn, well Äthiopien huet et verdéngt, dass et am Fridde leeft.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Cruchten.** An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här François Benoy.

**M. François Benoy (déi gréng) | Jo, villmools merci, Här President.** Ech géif och am Numm vun der grénger Fraktioun dem Rapporteur villmools Merci soen an den Accord vun de Gréngen ginn.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Benoy.** Da ginn ech d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, villmools merci, Här President.** Och den Accord vun eiser Säit an e grouse Merci un de Rapporteur. Ech menge just, et ass och e bëssen de Lackmustest. Mir hate gëschter eng Diskussioun iwwer Mënscherechter an ekonomesch Bezéiungen. Ech hu gëschter d'Éier gehat, d'Positioun vun der ADR ze erklären. Mir hu gesot, dass dat eng friddestëftend Wierkung kann hunn. Ech ginn awer dervun aus, dass déi aner Partei sech och dru moosse loosse. Déi, déi gëschter eng aner Positioun haten, misste jo eigentlech haut géint deen Accord stëmmen. Awer op jidde Fall steet d'ADR zu hirer Positioun a mir mengen, dass den Handel och e Bäitrag ka sinn, fir d'Situatioun an deene Länner ze verbesseren. Mir stëmmen dat also kohärent mat eiser eegener Positioun mat Jo.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser.** An den nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Jo, merci, Här President.** Ech weess, et ass spéit. Ech kommen awer kuerz heihinner, well ech e puer Wieder wëll heidriwwer verléieren, vu dass mer effektiv och gëschter déi Debatt haten.

An och wann hei an deene Konventiounen Klausel virgesi si géint Abusen a fir méi Informationsaustausch, bleiwen dës Konventiounen fir eis nawell problematesch, wéi Der Iech kënnt virstellen. Esou Steuerkonventiounen féieren derzou, dass Kapitalakommes ëmmer manner besteiert gëtt. An dat, wou jo awer trotzdeem an deene leschte Joren ëmmer méi Stëmmen opkomm sinn, fir dass d'Kapitalakommes soll méi besteiert ginn, och am Verglach zum Akommes aus Aarbecht. Dofir stellt sech fir eis e grondleeënde Problem.

An en anere fundamentale Problem, wéi Der Iech kënnt virstellen, ass deen, dass mer awer och an Äthiopien och vu staatlecher Säit systematesch Mënscherechtsverletzungen constatéieren. An dofir erlaabt mer, Iech e puer Zitater aus deenen zwee leschte Rapporte vun Amnesty International virzeliesen.

Dee vun 2020: „Les forces de sécurité ont réprimé avec violence le droit à la liberté de réunion.“ E bësse méi wäit: „Les autorités ont maintenu en détention sans inculpation des personnalités politiques de l'opposition et des journalistes pendant de longues périodes, souvent plusieurs mois. Bien que les tribunaux aient affirmé de plus en plus leur indépendance en ordonnant la libération sous caution de certaines personnalités politiques de l'opposition, il était fréquent que la police n'applique pas ces décisions.“

Dann aus dem Rapport vun 2021: „Le 8 janvier, à la suite d'affrontements entre les Forces de défense nationale éthiopiennes [...] et le Front populaire de libération du Tigré [...] aux abords de Bora [...], des soldats“, de la Force de défense nationale éthiopienne, „ont fait irruption dans des habitations de la ville et ont tué au moins 40 civils, dont des agriculteurs, des fonctionnaires et des élèves.“

E bësse méi wäit: „À Edaga Berhe, un village proche d'Aksoum, des militaires des [...] Forces de défense nationale éthiopiennes, „ont tué au moins 30 civils le 5 février“, d'lescht Joer, „deux jours après des affrontements qui ont eu lieu non loin avec des membres du FPLT.“

Ech kéint elo nach weiterfuere, mee ech mengen, Dir hutt eise Message héieren. Mir si ganz kritesch vis-à-vis vun dësem Ofkommes a wäerten och dergéint stëmmen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis.** An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten) | Jo, merci, Här President.** Merci och un de Rapporteur fir den ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech géif mech u sech ganz gären de Wieder vum Yves Cruchten uschlëssen, deen awer zu Recht drop higewisen huet, wéi eng Situatioun et an Äthiopien gëtt. Se war an de leschte Woche méi schlëmm wéi se de Moment ass. Mee netdestotz ass de Grenzkonflikt zwëschen der Tigré-Regioun insgesamt, mee och Äthiopien an Eritrea wäit vu geléist.

Et ass awer, mengen ech, an deem heite Fall esou, dass mer en duebele Besteuerungsaccord maachen, deen och ganz weineg Leit, wann ech mech richteg aus der Kommissioun erënneren, betrëfft, an haaptsächlech eebe Leit, déi dann och zu Lëtzebuerg geschaff hunn an duerno erëm zrëckgaange sinn. Et ass also definitiv net hire Feeler, dass de Staat, an deem se gebuer goufen, an dee se zrëckgaange sinn nom Schaffen, do an e Konflikt involvéiert war.

Mir condemnéieren dee Konflikt, mee mir sollten awer Leit, déi fréier hei zu Lëtzebuerg geschaff hunn, net nach eng Kéier besteieren, just doduerjer, well mer mat der Politik vun deem Staat net averstane sinn, an dee se zrëckgaange sinn.

Deementspreechend gi mir Piraten eisen Accord dofir.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement.**

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministesch, Madamm Yuriko Backes.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Merci, Här President.** Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci och un den Här Arendt fir säin exzellente Rapport. Et handelt sech hei ëm déi éischt Konventioun mat Äthiopien an dësen Accord bestätegt d'Efforten, déi d'Lëtzebuurger Regierung an deene leschte Jore gemaach huet, fir hire Réseau vu Steuerkonventiounen no an no ze komplettéieren an ze verbesseren an

och méi Länner vun dem afrikanesche Kontinent eeben op d'Lëscht ze setzen.

Esou hu mir zum Beispill an deene leschte Méint d'Konventioun mam Cap Vert, mam Ghana, mam Ruanda ënnerschriwwen, an et ass virgesinn, dass och dëst Joer nach Negociatiounen mat der Côte d'Ivoire ufänken.

Och dësen Accord mat Äthiopie beinhalt natierlech déi nei, déi international Standarden vun der OCDE, notament d'BEPS-Elementer wéi och den Austausch vun Informatiounen, esou wéi eis Politique conventionnelle dat säit enger Rei Jore scho virgesäit.

Eng weider gutt Noriicht ass déi, dass och d'Fonds d'Investissement vun dëser Konventioun couvréiert sinn. Wéi den Här Arendt et och mentionéiert huet, ass dëst eng equilibréiert Konventioun, déi eeben Elementer vun de Konventiounsmodelle vu béide Länner iwwerhëlt an deemno och déi jeeweileg Interëte respektéiert.

Et freet mech, dass dës Konventioun e breede Konsens hei fënnt. Ech mengen, mir sinn eis bewusst, wat d'Situatioun sur place ugeet am Tigré, dat ass mentionéiert ginn. Ech hoffen natierlech och, dass déi prekär Situatioun, déi mer do kennen, sech leet. Mir sinn eis där Atrocitéite bewusst, déi do och iwwer Jore stattfonnt hunn. Ech mengen, mir hoffen, dass dat sech leet am Interêt vum Land.

Ech mengen dat heiten ass trotzdeem eng wichteg Konventioun an ech soen Iech Merci fir de Soutien.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7944. Den Text steet am Document parlementaire 7944<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7944 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Haldorf (par M. Félix Eischen), Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Diane Adehm), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Gilles Roth), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Paul Galles), Marc Spautz (par Mme Martine Hansen), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana (par Mme Francine Closener), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Tess Burton), Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 14. 7273 – Projet de loi relative aux contrôles officiels des produits agricoles et portant abrogation de :

**1<sup>o</sup> la loi modifiée du 24 juillet 1909 sur le régime des vins et boissons similaires ;**

**2<sup>o</sup> la loi du 8 juin 1984 fixant le cadre général pour l'établissement des règles concernant la commercialisation du bétail de boucherie**

Mir kommen elo zum Projet de loi 7273 iwwert d'Kontroll vun der Qualitéit vun de landwirtschaftleche Produkter. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Rapportrice, d'Madamm Tess Burton, ass scho prett fir hire Rapport.

**Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

**Mme Tess Burton** (LSAP), rapportrice | Jo, merci, Här President. Mir kommen da bei dee leschte Projet de loi fir haut.

(Brouhaha)

Jo, Dir Dammen an Dir Hären, d'Liewensmittelsécherheet ass e wichtige Beräich vun der gemeinsamer europäescher Politik. D'Zil vun der Politik ass et, engersäits d'Gesondheet vu Mënschen an Déieren ze schützen an de Konsumenteschutz ze stäerken. Anerersäits geet et och dorëm, derfir ze suergen, dass am europäesche Bannemaart iwwerall déi selwecht Reegelen agehale ginn.

An deene leschte Jore gouf et vill Reformen an deem Beräich, net zulescht als Reaktioun op eng Rei Liewensmittelskandalen. De reglementaresche Kader vun der EU ass ganz komplex. E betrëfft déi ganz Kette vun der Produktioun vu Liewens- a Fuddermittelen a schléisst och de Planzeschutz mat an.

Dat geet vun de Produktiounsmethoden iwwert d'Hygiènesbestëmmungen bis zum Etiquetage an der korrekter Informatioun vun de Verbraucher. Gréisstendeels geschitt dat iwwer EU-Reglementer, déi direkt applikabel sinn. Dës Bestëmmungen mussen deemno net an nationaalt Recht ëmgasat ginn, fir a Kraaft ze trieden.

Allerdéngs mussen d'Memberstaaten derfir suergen, dass dës Reegelen agehale ginn. Si mussen e rechtliche Kader schafen, dee garantéiert, dass d'EU-Reglementer korrekt ugewannt an ëmgasat kënnen ginn.

D'Memberstaaten mussen gesetzlech festleeën, wat fir eng Verwaltungen zoustänneg sinn, fir déi néideg Kontrollen duerchzeféieren. Per Gesetz mussen d'Strofe festgeluecht ginn, fir d'Verstéiss géint d'Gesetz ze sanktionéieren. Dës Strofe sollen net nëmme verhältnisméisseg, mee och ofschreckend sinn, fir dass d'Liewensmittelsécherheet effektiv garantéiert ka ginn.

De Projet de loi, iwwert dee mir haut ofstëmmen, gouf den 28. Mäerz 2018 deposéiert. En huet als Zil, en Deel vun dësen Reegelen, déi am Moment an ënnerschiddleche Gesetzter a Reglementer ermëzefanne sinn, an engem Text ze regroupéieren. Op dës Manéier sollen d'Reegele méi kohärent a besser novollzéierbar si fir déi Leit, déi se mussen uwenden.

Dësen Text, dee sech op d'Agrarprodukter bezitt, ass complementaire zum Gesetz vum 28. Juli 2018 iwwert d'Kontrollen an d'Sanktiounen vun de Liewensmittelen. Eng weesentlech Kritik vum Staatsrot un dësem initialen Text war déi, dass de Champ d'application vun deenen zwee Gesetzter net kloer genuch vunenee getrennt wier.

D'Regierung huet mat enger Rei vun Amendementer Mëtt Abrëll d'lescht Joer déi néideg Präzisierungen an de Projet de loi ageschriwwen. Opgrond vum Avis complémentaire vum Staatsrot huet d'Kommissioun nach eemol Amendementer agereecht, soudass de Staatsrot den 8. Mäerz säin Accord zum Projet konnt ginn. D'Kommissioun huet dunn de 24. Mäerz de Rapport ugehall.

Bei enger leschter Relecture vum Text ass awer leider nach eng kleng Erreur matérielle opgefall. Bei verschiddenen EU-Reglementer stoung de Kierzel fir „numéro“, also e klengen „n“ mat engem klengen héichgestallten „o“ virun, wat esou net korrekt ass. Mir hunn dat schnell geännert an de Mueren ass den entspreche Brëif och nach un de Staatsrot gaangen. De Staatsrot huet eis den Accord zu där klenger Verbesserung mëndlech scho matgedeelt, mee dat, wéi gesot, ass eng Erreur matérielle, op déi muer vum Staatsrot déi schrëftlech Äntwert wäert kommen.

Här President, generell muss ee soen, dass et am Beräich vun der Liewensmittelsécherheet iwwert déi lescht Jore eng staark Evolutioun gëtt. D'Erwaardungen vun de Konsumenten hu sech nämlech verännert.

Fréier goung et virun allem dorëm sécherzestellen, dass eis Liewensmittelen gesond sinn. Ëmmer méi Leit wëllen haut awer och wëssen, wéi d'Liewensmittelen produzéiert ginn.

(Interruption)

Si verlaangen, dass d'Déieren aartgerecht gehale ginn an dass dem Ëmweltschutz Rechnung gedroe gëtt. Si wëllen och ëmmer méi oft Informatiounen doriwwer hunn, wou d'Liewensmittelen hierkommen. Dës Tendenz fanne sech ëmmer méi staark och an den EU-Reglementer erëm. An och zu Lëtzebuerg passe mer eis Legislatioun un dës Entwécklung un.

Ënner anerem bedeit dat, dass Beräicher, déi fréier kloer getrennt waren, zesummegefuert mussen ginn, Kompetenzen, déi fréier ganz onofhängeg vuneneen am Gesondheetsministère respektiv am Landwirtschaftsministère oder beim Konsumenteschutz ugedelt waren, sinn an deene leschte Jore méi un eneneen erugefuert ginn. An dësen Prozess ass nach net ofgeschloss.

E weidere Projet de loi ass jo nach um Instanzewee, deen d'Schafung vun enger neier Agence vétérinaire et alimentaire virgesäit.

Här President, de Projet iwwert d'Kontroll vun den Agrarprodukter, deen hei virläit, ass am Kader vun deem Prozess ze gesinn. Et ass e Schratt hin zu méi enger harmoniséierter an transparenter Organisatioun vun de Kontrollen am Interessi vun der Qualitéit an der Sécherheet vun de Liewensmittelen. Dës Entwécklung wäert sécher nach weidergoen. Dat entsprécht och dem Wunsch vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, déi an hiren Avisa bedauert hunn, dass net elo schonn all d'Dispositiounen zu de Kontrollen an engem eenzegen Text zesummegefaasst konnte ginn.

Dësen Projet de loi applizéiert sech speziell op landwirtschaftleche Produkter, déi als Iesswuere verkaf ginn an déi an der Annex 1 vum Traité zum Fonctionnement vun der Europäescher Unioun opgezielt sinn. Dat ass eng ganz laang Lëscht vu Produkter, déi ënner anerem Fleesch, Fësch, Mëllechprodukter, Planzen, Kären, Geméis, Uebst an esou weider aschleisst.



De Projet de loi gëllt och fir Agrarprodukter aus enger biologescher Produktioun a fir landwirtschaftlech Produkter mat enger geschützter Originn, mat enger geschützter geografescher Bezeichnung oder garantéiert traditionell Spezialitéiten.

D'Lëscht vum deene verschiddenen Zorte vum Agrarprodukten, déi an de Champs d'application vum Projet de loi falen, sinn iwwerhol aus de jeeweilegen EU-Reglementer, op déi am Projet de loi explizitt Referenz gemaach gëtt.

Et geet hei souwuel ëm Produkter vu Lëtzebuerg wéi ëm Importer aus aneren EU-Länner oder aus Drëttstaaten an och ëm Produkter, déi fir den Export bestëmmt sinn.

De Projet de loi hält fest, dass de Landwirtschaftsminister déi kompetent Autoritéit ass an definéiert déi zoustänneg Administratiounen fir d'Kontrollen. Konkreet sinn dat d'Administration des services techniques de l'agriculture, d'ASTA, den SER, de Service d'économie rurale an den IVV, also den Institut viti-vinicole.

De Minister huet doriwwer eraus awer och d'Méiglechkeet, Kontrolle vum Agrarprodukter vun anere Verwaltungen oder Organismen duerchféieren ze loossen. Den Text enthält Bestëmmungen iwwert d'Rechter vun deenen, déi d'Kontrolle maachen an iwwert den Enregistrement an den Agreement vun de Leit, déi ënnert déi verschidde Reglementer falen.

D'Héicht vun den Taxe fir d'Kontrolle ginn iwwer e Règlement grand-ducal festgeluecht. D'Recherche an d'Feststellung vu Verstéiss ginn am Projet de loi gereegelt, genau esou wéi d'Moossnamen, déi an enger Urgencesituatioun ergraff kënne ginn an d'Sanktiounen. D'Strofe sinn entsprecheend der Gravitéit vum Verstouss an zwou Kategorien ënnerdeelt. Fir déi méi kleng Verstéiss sinn Amendé vun 150 bis 2.000 Euro virgesinn. Dës kënnen och iwwert de Wee vun engem Avertissement taxé gereegelt ginn, wann dee Schëllege bereet ass, d'Strof direkt ze bezuelen. Op dës Manéier kënnen eng Rei méi kleng Verstéiss direkt bestrooft ginn.

Domadder wier ech um Enn vum Rapport. Ech géif dann nach ofschléissend den Accord vu menger Fraktioun ginn an ech soen Iech villmools Merci fir d'No-lauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Tess Burton.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass déi honorebel Madamm Martine Hansen.

#### Discussion générale

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Merci, Här President. Ech soen der Madamm Rapportrice e grouse Merci an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. An da wier et um honorabelen Här Gusty Graas.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Zu deem Gesetz hei wier jo nach munches ze soen.

(Hilarité)

**Plusieurs voix** | Nee.

**M. Gusty Graas** (DP) | Ech weess awer, dass mindestens eng Persoun heibannen ass, déi immens vill haut geschafft huet a ganz midd ass an net opgeluecht ass, fir nach laange Rieden nozelauschteren. Duerfir halen ech mech dann och kuerz an ech ginn dann an deem Sënn d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei a soen der Madamm Burton villmools Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Graas. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, villmools merci, Här President. Jo, och wéi bei de Gesetzter virdru géif et natierlech hei eppes ze soen ginn, mee ech maachen et dann och wéi d'Virriedner an ech soen der Rapportrice villmools Merci an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. An dann dat selwecht vum Här Jeff Engelen.

(Hilarité)

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Ech géif der Madamm Tess Burton en häerzleche Merci soe fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Et ass alles gesot an ech ginn dann d'Zoustëmmung vun der ADR zu deemem Projet. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Landwirtschafts... O, d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Plusieurs voix** | A!

**Une voix** | ... d'Madamm Cecchetti vergiess.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Also elo zur Strof kommen ech mat enger Ried vu véier Säiten.

(Hilarité)

Nee, nee, nee, ech maachen dat net.

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Cecchetti, Dir hutt maximum fënnf Minutten.

(Hilarité)

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech hu mech gutt virbereet, well et ganz vill ... Jo, fënnf Minutten an no zwielef Sekonne kréien ech scho geschellt, Jo, jo, jo. Nee, ech hu mech gutt virbereet op dee Gesetzesprojet. Et gëtt wierklech nach ganz vill ze soen, mee ech maachen et och kuerz. Mir stëmmen dat Gesetz natierlech mat. Et ass iwwert den europäeschen Agrarmarché gereegelt, mee et wier wierklech nach ganz vill derzou ze soen. Mee do kënne mir och leider keen Afloss drop huelen. A mir gi just eisen Accord dann zu deemem Gesetz.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti.

An da ginn ech d'Wuert un de Landwirtschaftsminister, den Här Claude Haagen.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Madamm Burton, villmools merci fir Äre schéine schrëftleche Rapport, och de mündlechen exzellente Rapport. An da géif ech dem Här Graas Merci soen, dass e Rücksicht op eng midd Persoun hält.

(Hilarité)

An ech soen Iech Merci fir déi breet Zoustëmmung.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7273. Den Text steet am Document parlementaire 7273<sup>13</sup>.

Wéi eis d'Rapportrice virdrun drop higewisen huet, huet sech eng Erreur matérielle an den Text vum Projet de loi ageschlaach. Beim Punkt 10 vum Artikel 3 gëtt d'Ofkierzung „numéro“ gestrach. Fir d'Kohärenz

vun der Terminologie ze garantéieren, sinn déi aner Referenzen am Text och geännert ginn.

De Staatsrot ass vun dësen Ännerungen a Kenntnis gesat ginn. Mir stëmmen elo iwwert den ofgeännerten Text of.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7273 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7273 est adopté à l'unanimité des 59 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Marc Lies), Jean-Marie Halsdorf (par M. Félix Eischen), Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Paul Galles), Marc Spautz (par M. Georges Mischo), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Gilles Roth) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana (par M. Mars Di Bartolomeo), Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Tess Burton), Mme Lydia Mutsch (par M. Carlo Weber) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### 15. Résolution de M. Gilles Roth concernant l'institution d'une commission spéciale « Tripartite »

*(Résolution déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 52 de ce compte rendu)*

Da kéime mer nach zum Vott iwwert d'Resolutioun, déi vum Här Gilles Roth deposéiert ginn ass an déi vun alle Fraktiounen a Sensibilitéiten ënnerschrifft ginn ass.

#### Vote sur la résolution

Wien d'accord ass mat dëser Resolutioun, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass dës Resolutioun eestëmmeg ugeholl.

## 16. Institution de la Commission spéciale « Tripartite »

Et gi folgend Leit proposéiert fir dës Kommissioun: den Här Guy Arendt, den Här André Bauler, den Här Gilles Baum, den Här François Benoy, d'Madamm Myriam Cecchetti, den Här Sven Clement, den Här Yves Cruchten, den Här Mars Di Bartolomeo, d'Madamm Martine Hansen, den Här Fernand Kartheiser, den Här Dan Kersch, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Laurent Mosar, den Här Gilles Roth, den Här Marc Spautz an den Här Claude Wiseler.

Ass d'Chamber mat dëser Zesummesetzung averstanen? Wien d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

### Vote

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass d'Kommissioun ...

*(Interruption et concertation interne)*

Mir müssen e Vott maachen tëschent ...

**Plusieurs voix** | A!

*(Concertation interne)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Also, duerch d'Resolutioun, déi mer elo grad ugeholl hunn, huet d'Chamber decidéiert, eng Spezialkommissioun „Tripartite“ an d'Liewen ze ruffen. Dës Kommissioun besteet aus 15 Memberen an net, wéi ech elo virdrun opgezielt hunn, 16 Memberen. Deemno muss d'Chamber laut Artikel 22 (2) e Vott maachen, fir 15 Kandidaten ze designéieren.

Ech wëll d'Chamber drop opmierksam maachen, datt héchstens 15 Kandidaturen daerfen ugekräizt ginn, soss ass de Stëmmziedel ongültig. Deelt wannechgeleift d'Stëmmziedelen aus an ech maachen duerno den Appel nominal, fir d'Stëmmziedelen anzesammelen.

*(Concertation interne)*

En attendant, datt d'Stëmmziedelen duerch d'Maschinn ginn, kënnen mer nach déi zwou Motiounen, déi d'ADR-Fraktioun deposéiert hat, drunhuelen?

*(Assentiment)*

## 17. Motion de M. Jeff Engelen concernant l'intervention humanitaire en Ukraine

*(Motion déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 75 de ce compte rendu)*

Fir d'éischt kéime mer dann zur Motioun, an där gefrot gëtt, datt d'Regierung bei de Konfliktparteie fir humanitär Korridoren antrëtt. An d'Wuert zu dëser Motioun freet d'Madamm Stéphanie Empain.

### Discussion générale

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Jo, villmools merci, Här President. Mir si grad bei de Motiounen. Ech wëll dann haut den Owend och nach eppes géint dat 31-29-Trauma do maachen. Mir hunn eis déi Motioun do ugekuckt. Do ass elo näischt dran, bei deem mer géife soen, et wär extreem problematesch. Do misst ee vläicht just kucken, wat realistesch machbar ass herno an der Praxis, mee u sech géife mer dës Motioun da matstëmmen an da géif ech proposéieren, dass mer am Kader vun enger nächster Kommissiounssëtzung vläicht eng Kéier drop zrëckkomme fir ze kucken, wat genau dat elo an der Realitéit bedeit.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Mir stëmmen dës Motioun och mat. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Gëtt et nach weider Wuertmeldungen? D'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, villmools merci. Merci och fir dës Motioun. Natierlech droe mir déi och mat. A mir hoffe just, dass mer och esou eng änlech Motioun kréien, wa mer déi nächste Kéier esou e Fall hu vun esou engem Invasiounskrich a Migratiounswellen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. Dann hat den Här Fernand Kartheiser d'Wuert nach gefrot.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech mengen, et ass wierklech just, Här President, fir Merci ze soen, datt mer an esou enger Fro wéi där heiter wierklech méi oder manner e Konsens fannen. Ech mengen, dat ass wierklech e positiivt Zeechen. Et geet hei ëm eng wichteg humanitär Initiativ. Mir kënnen Leit vläicht domadder medezinnesch hëllefen. An ech wollt just jidderengem heibanne Merci soen am Numm vun der ADR, datt se dat hei awer matstëmmen an datt mer hei an engem konstruktive Geescht déi Saache kënnen behandelen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Kënnen mer dës Motioun à main levée ofstëmmen?

*(Assentiment)*

### Vote sur la motion

Wie mat där Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domat ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

## 18. Motion de M. Jeff Engelen concernant l'autorisation de la pratique de radiodiagnostic au Centre médical Potaschberg

*(Motion déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 76 de ce compte rendu)*

Da géife mer awer och nach déi aner Motioun direkt huelen. Dat ass am Fong geholl déi, an där gefrot gëtt, de Betrib vun Radiodiagnostic am Centre médical Potaschberg direkt zouzeloossen. Do huet den Här Mars Di Bartolomeo d'Wuert gefrot.

### Discussion générale

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci, Här President. Bon, selbstverständlech beim allem Versteesdemech fir all Propositionen, fir an deene verschiddene Regiounen déi medezinnesch Strukturen ze verbesseren, kënnen mer déi heite Motioun net matstëmmen, well eng Rei vu falsche Premissen dra sinn.

Éischtens gëtt hei gesot, dass „d'Gesondheetsministesch de Betrib vun ambulante medezinnesche Strukturen blockéiert“. Fait ass, dass d'Spidolsgesetz ausserhalb vun de Spideeler keng Diagnostikzentren erlaabt. D'Gesondheetsministesch applizéiert also hei just d'Spidolsgesetz.

D'Cour constitutionnelle huet net decidéiert, dass déi Apparature kënnen agericht ginn, d'Cour constitutionnelle huet just gesot, dass de Refus vun engem fréiere Gesondheetsminister, fir d'Erlabnis ze ginn,

op enger falscher Basis geholl ginn ass, op engem Reglement, an d'Constitutioun virgesäit, dass esou Decisiounen müssen iwwer Gesetz ofgeséichert sinn.

Dann ass et falsch, dass déi radiodiagnostesch Zentren einfach esou kéinten opgemaach ginn. Et deet mer leed, ech hu virdrun drop higewisen, dass d'Spidolsgesetz dat virgesäit. An et ass och net d'Santé als Ressortministère, déi d'Autorisatioun ginn huet, et ass just: D'ITM huet festgestallt, dass déi technesch Konditiounen vun deenen Apparater an der Rei sinn, an de Straleschutz huet festgestallt, dass se vum Straleschutz hier an der Rei sinn.

Dann ass et och falsch, dass d'Gesondheetsministesch gesot huet, deen dierft net opgoen, well keng Tariffer do wäeren. Nee, d'Gesondheetsministesch huet sech op d'Spidolsgesetz beruff. Richtig ass och net, dass et keng Tariffer gëtt, mee hei ginn Tariffer gefrot, déi och déi technesch Akte géife matabegräifen. An déi sinn am Moment net festgeluecht. Do ass eng Demande, fir dat an der Commission de nomenclature festzeleeën.

Duerfir mengen ech: Eng Motioun, déi géif opfuere, en Zenter opzemaachen, dee contraire ass zum Spidolsgesetz, dee géif opmaachen, ouni dass eng Tarifikatioun do wär, déi am Interêt vum Patient wär, ass fir eis net ze verrieden.

Mir sinn der Meenung, dass déi dote Fro a Rou soll gekläert ginn, esou wéi dat um Gesondheetsdësch geschitt, esou wéi dat och a preparéierten Texter, Gesetzesännerunge soll geschéien: no kloze Krittere, no regionale Krittere – also no bei de Patienten, do si mir selbstverständlech mat derbäi –, déi also och op reell Besoinen ausgerichtet sinn, opgrond vu Waardezäiten, déi exzessiv sinn oder déi net bestinn, mat enger Continuité des soins, dat heescht, dass net nëmme während de lukrative Stonnen esou en Zenter fonctionéiert, mee dass d'Verbindung mat de Spideeler muss fonctionéieren, dass dat Personal ënnert deene Konditiounen do soll sinn, wéi dat noutwendeg ass, fir esou komplex Zentere fonctionéieren ze loosseren.

Voilà! Ech mengen, ech hätt eng ganz Rei vun Argumenter ginn, déi géint d'Motioun an der jëtzege Form schwätzen. Wa mer se géifen unhuelen, géif d'Chamber sech eigentlech fir e Verstouss géint d'bestoend Gesetzgebung ausschwätzen, an dat kënnen mer net maachen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Dann huet den Här Claude Wiseler d'Wuert gefrot.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci, Här President. D'CSV ass also fir den Ausbau respektiv d'Ouverture vun esou diagnostesch Zentren mat IRMen, notament deen zu Gréiwemaacher. Eise Kolleg, den Deputéierte Léon Gloden, deen och Buergermeeschter vu Gréiwemaacher ass, huet sech vill an oft a laang derfir agesat. Dat emol, fir kloer de Kader ze setzen.

Zu dëser Motioun wëll ech soen, datt awer eng Rei Saachen, esou wéi se hei formuléiert sinn, an eisen Aen net esou kënnen matgedroe ginn. Mir si fir d'Ouverture vun deem Centre médical Potaschberg, ënner Konditiounen. D'Konditioun ass, datt en Tariff awer soll bestoen.

Ech wëll awer och dem Här Di Bartolomeo soen, datt ech net der Meenung sinn, datt dat alles soll a Rou a mat Calme an elo mat der Zäit gemaach ginn. Virun zwee oder dräi Joer haten déi Diskussiounen schonn ugefaangen ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | ... an déi hätte viru Méint scho kënnen ofgeschloss ginn. An eisen Aen hätt deen



Tariff scho laang missen do sinn a misst déi Autorisation und elo scho kenne kommen. An eisen Aen ass déi ganz Autorisationsprozedur absolut verschleef ginn. An dat ass e Problem, deen d'Regierung sech selber kreiert huet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | An dat ass fir eis och e grouse politesche Feeler gewiescht, deen déi Situation wierklech net besser gemaach huet.

Mir sinn och der Meinung, dass eng Rei Konditionen müssen dru gebonne ginn. Ech hunn déi déi leschte Kéier an där Diskussioun, déi mer iwwert den Ambulatoire hei gefouert hunn, och kloer gesot. Éischters: Konventionne mat Spideeler respektiv sech och un d'Kollektivvertrag halen. Ech weess awer elo, dass eng Rei Diskussionsenen do amgaange sinn, déi och gutt gefouert sinn. Ech hoffen, dass dat dann och esou schnell wéi méiglech sech positiv ofschléisse kann. An ech hoffen haaptsächlech, dass déi Tariffer elo esou schnell wéi méiglech dann an der Commission de nomenclature decidéiert ginn.

Dat ass eis kloer Position. Esou wéi et hei formuliert ass, kenne mer et awer net matdroen. Mir wäerten eis enthalte bei dësem Vott.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Wiseler. An dann huet d'Madamm Nathalie Oberweis d'Wuert gefrot.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Merci och fir dës Motioun. Ech wäert e bësselche méi kuerz si wéi den honorabelen Här Di Bartolomeo. Ech ginn him awer Recht op ganz ville Punkten. Mir hate jo eréischt viru Kuerzem eng Debat hei an der Chamber, an där eigentlech alles ganz kloer gesot gouf, och vun der Ministesch. An ech géif mech deem ralliéieren. Mir si ganz frou, dass si dee Moment ganz kloer Wieder fonnt huet fir ze soen, dass si déi Autorisation net gëtt op der Basis vun dem Spidolsgesetz. Dat ass ganz kloer.

Mir regrettéieren och, dass déi Position relativ spët koom. Déi hätt effektiv, wéi den Här Wiseler sot, kënnen an deene leschten zwee, dräi Joer scho kommen. Mee mir fannen dat awer déi richteg Position a sinn och der Meinung, dass déi IRMe sollen an effentlecher Hand bleiwen, eeben och an de Spideeler, si kënnen awer natierlech och ambulänt via Antennen agesat ginn. Mee dat ass eng Diskussioun, déi nach komme wäert.

An deemno wäerte mir hei dergéint stëmmen. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Engersäits weist dat heite kloer, dass sech Privatinvestisseure fonnt hunn, fir en IRM an den Osten ze setzen. Dat weist, dass et e Besoin gëtt, well et geet keen hin an investéiert säin eegent Geld, wann et kee Besoin gëtt. Dat ass, mengen ech, den éischte Constat, deen ee muss stellen. An deementspreechend muss mer eppes maachen, fir dee Besoin ze befriedegen. Et ass awer de falsche Wee, fir d'Päerd de falsche Wee opzesuedelen an elo wëllen eppes ze forcéieren, wou d'gesetzlech Basis net do ass a wou och den Tarif net do ass.

Mir sinn als Piraten fir eng staark effentlech Gesondheetsversuergung an net fir eng Privatisierung vun Gesondheetswiesen. An deementspreechend feelt eis an deem heite Kontext e bëssen den Iwwerbléck, éischters och, wéi déi genau Verhältnissen an där

Struktur sinn, well do gëtt et och ënnerschiddlech Erzielungen, déi een aus der Press kann zéien. Engersäits gëtt gesot, et wäeren nëmmen Dokter, déi alleguerten exercéieren däerfen, déi Proprietär vun deem Gerät wäeren. Anerersäits gëtt vun Investoren geschwat, déi net Dokter wäeren.

Mir feelt Stand haut den Iwwerbléck iwwert déi Situation. An deementspreechend kenne mir eis haut och net prononcéieren, wéi een dat am einfachste kéint denouéieren. Et soll een et séier maachen. Mee mir wäerten eis haut hei enthalen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. An da kritt d'Wuert den Auteur vun der Motioun, den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Et ass net den Auteur, awer den Auteur huet mech chargéiert, just zwee Wieder doriwwer ze soen, Här President. Ech wollt soen: Dat heiten ass awer elo eng Diskussioun ënner eis, an där mer awer ganz vill mierken, wou d'Realitéit leien.

Mir hunn, wéi vill aner Leit, natierlech dat heite verfollegt. An ech wëll ganz kloer soen, dass d'ADR et och als ganz wichteg an och als dréngend ugesäit, dass mer déi medezinnesch Versuergung am Oste verbesseren. Dat ass ganz kloer.

Mee mir hunn och festgestallt a mir hunn och héieren, dass eng Rei vun de Majoritéitsdeputéierte sech och ganz vehement derfir agesat hunn. An ech wëll just soen, dass ech mer awer erwaarden, dass weinstens si dat heite matstëmmen. Ech wëll och hei, well mer awer am Geescht vun engem Kompromëss wëlle schaffen, dräi Saache soen.

Déi éischt ass, dass mer gär hätten, dass déi Motioun hei verstane gëtt als dat, wat et ass: e Signal, dass déi Diskussioun soll séier viru goen. Et ass dofir, wou mer se tabléiert hunn. Et geet eis e bëssen duer, wéi villen anere Leit och, mat deenen éiwegen Argumenter, fir dat ze retardéieren, op déi laang Bänk ze schiben, nei Argumenter ze fannen, fir et net ze maachen. Mir hätte gär, dass Decisiounen geholl ginn an dass se séier geholl ginn.

Dofir wëll ech och, zweetens, soen, dass mer prett sinn, fir Amendementer am Text ze maachen. Den Här Mars Di Bartolomeo kennt den Dossier wonnerbar. En huet dat elo nees gewisen, huet an de Consideranten eng Rei Problemer gesinn. Mee mir kënnen och all Consideranten ewechloossen a mir kenne just soen: „D'Chamber fuerdert d'Regierung op, deen doten Tarif anzeféieren an d'Autorisation ze ginn.“

*(Interruption par M. Claude Haagen)*

Dann hu mer absolutt ... Jo, dann hu mer awer absolutt all déi Suergen, déi de Mars ...

Här Minister, Här Minister, et ass esou, dass d'Deputéiert schwätzen an da kritt d'Regierung d'Wuert. An ech géif och dat hei anhalen. Mee de Punkt ass, dass mir absolutt bereet sinn, déi problematesch Formulierungen, déi den Här Mars Di Bartolomeo fonnt huet, ewechzeloossen.

An dat Drëtt ass: Wa mer iergendwéi hei eng aner Kompromëssformel haut elo fannen oder se an d'Kommission weisen, fir dass mer an der Presenz vun der Madamm Gesondheetsminister dat hei kënnen diskutéieren, si mir och d'accord. Mee ech wëll hei soen, et geet eis net drëm, déi heite Formulierungen elo festzehalen. Et geet eis drëm, dass mer zu enger Decisioun kommen, dass mer den IRM do kënnen a Betrib huelen. Dat ass eist Zill! A wéi mer dat formuléieren, do si mer flexibel.

Awer déi Manöveren, fir et net ze maachen, well et politesch vu Verschiddenen net gewollt ass – esou gesäit et nämlech aus –, dat wëlle mir net matmaachen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Den Här Claude Wiseler freet nach eng Kéier d'Wuert.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Also ech weess net, ob mer elo sollen ufänken ze reformuléieren. Mee ech fannen awer, dass déi aner Proposition, fir se net ofzestëmmen a se an d'Kommission ze verweisen, duerchaas an eisen Ae séinnvoll ass.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci, Här President. Mir hunn de Message verstanen. Dat hei ass dee falsche Vecteur, well hei méi falsch Informationen dra si wéi richteger. An ech géif proposéieren, wann d'ADR se oprechterhält, dass mer se ofleenen.

Ech wollt just mengem Kolleeg, dem Wiseler Claude, soen, dass d'Haaptbarriär, woufir esou en Zenter net kann opgoen, ass, dass mir sengerzäit an der Regierung, wéi mer zesummesouzen – am Spidolsgesetz, an der Gesondheitsreform –, zesummen decidéiert hunn, dass esou Diagnostikzentren net ausserhalb vun de Spideeler sollen opgemaach ginn; ...

*(Brouhaha et interruptions)*

... just als Erënnerung, just als Erënnerung un eng schéi gemeinsam Zäit.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Jo, Dir waart Gesondheetsminister.

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Di Bartolomeo.

Dann huet den Här Minister Claude Haagen d'Wuert gefrot.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | Jo, ech hu mer dat ugelauschtert an ech sinn e bëssen erstaunt, Här Wiseler, dass Der elo kommt, fir dass ze soen, fir dat an d'Kommission ze verweisen. Erënnert Iech: Dir hutt et selber gesot, dass viru zwou, dräi Wochen – d'Madamm Oberweis huet dat jo och bestätegt – hei en Debat war, deen Der selber ugefrot hat. D'Konklusiounen vun deem Debat waren – notament elo, wou jiddwereen domat d'accord ass –, dass mer an déi Richtung ginn.

Wou ech Iech Recht ginn, dass ass, normalerweis ass et jo elo esou, dass ech d'Fonctionnement fréier als Deputéierte verstanen hunn an als Regierungsmember: dass deen, dee schwätzt, d'Wuert huet, an déi aner kënnen duerno reagéieren.

*(Interruption)*

Dat hutt Der mer virdrun awer gesot.

Gutt. Ech wëll just soen, dass mer als Regierung op deen dote Wee ginn. Déi Konklusiounen, déi do festgehalen ginn, déi si jo aus deem Debat erauskomm an ech war jo och an deem Debat derbäi. Do huet och d'Gesondheetsministesch bestätegt, dass mer als Regierung op dee Wee géife goen, fir dat esou séier wéi méiglech ze maachen. Et ass e Projet de loi an Aarbecht, dee no drun ass, dass en deposéiert gëtt.

Ech wëll och soen, dass hei d'Regierung net kann Tariffer fixéieren. Et ass ëmmer, wéi den Här Wiseler gesot huet, eng Commission de nomenclature. Et ass och net de Minister, deen dat ka fixéieren, mee dat geet aus den Negociatiounen tëschent, an deem Fall, der AMMD, der CNS an de Vertrieeder vun Staat ervir, well déi paritär besat sinn.

An zum Schluss wëll ech nach soen, dass an deene leschte Jore véier IRMe bäikomm sinn. Dat heescht, mir si vu siwen op eelef eropgaangen. Wann am



Osten e Besoin ass, da wäert deem Rechnung gedroe ginn, compte tenu vun der Répartition géographique am Kader vun der Santé, déi um Gesondheetsdösch natierlech och ausgeschafft gëtt.

An ech kann Iech soen, datt mer relativ zügeg dee Projet de loi och elo wäerten deposéieren. Dofir sinn ech der Meenung a géif ech proposéieren, fir déi Motioun hei net unzehuelen. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Haagen. Da kënne mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

#### Vote sur la motion

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme, 33 Nee-Stëmme an 23 Abstentiuonen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knoff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana (par M. Carlo Weber), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Marc Lies), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Martine Hansen), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Félix Eischen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Paul Galles), Marc Spautz (par M. Georges Mischo), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Gilles Roth) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

### 19. Institution de la Commission spéciale « Tripartite » (suite)

Da kënne mer elo zum Vott vun de Membere vun der Commission spéciale „Tripartite“ kommen. Ech maachen dann elo den Appel nominal, fir d'Stëmmziedelen anzesammelen.

#### Vote secret

*(Appel nominal)*

D'Sitzung ass ënnerbrach.

*(La séance publique suspendue à 21.13 heures.)*

\*\*\*

*(La séance publique est reprise à 21.29 heures.)*

D'Sitzung fänkt erëm un.

D'Stëmmziedele si follgendermoossen opgedeelt: Total vun de Stëmmziedelen: 43, gültig Stëmmziedelen: 43, absolut Majoritéit: 23.

Här Guy Arendt: 43 Stëmme,

Här André Bauler: 43 Stëmme,

Här Gilles Baum: 43 Stëmme,

Här François Benoy: 39 Stëmme,

Madamm Myriam Cecchetti: 22 Stëmme,

Här Sven Clement: 26 Stëmme,

Här Yves Cruchten: 43 Stëmme,

Här Mars Di Bartolomeo: 43 Stëmme,

Madamm Martine Hansen: 42 Stëmme,

Här Fernand Kartheiser: 30 Stëmme,

Här Dan Kersch: 40 Stëmme,

Madamm Josée Lorsché: 43 Stëmme,

Här Laurent Mosar: 43 Stëmme,

Här Gilles Roth: 43 Stëmme,

Här Marc Spautz: 43 Stëmme,

Här Claude Wiseler: 43 Stëmme.

Dat heescht, déi 15 éischt, déi sinn domadder gewielt. Net gewielt ass dann d'Madamm Myriam Cecchetti. Ech soen Iech Merci.

*(La Commission spéciale « Tripartite » est composée des membres suivants : M. Guy Arendt, M. André Bauler, M. Gilles Baum, M. François Benoy, M. Sven Clement, M. Yves Cruchten, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Martine Hansen, M. Fernand Kartheiser, M. Dan Kersch, Mme Josée Lorsché, M. Laurent Mosar, M. Gilles Roth, M. Marc Spautz et M. Claude Wiseler.)*

Déi nächst Sitzung sinn de 26., 27. an 28. Abrëll.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 21.31 heures.)*

## Questions au Gouvernement

### Sommaire

| Objet                                                                          | N°   | Auteur                                     | Page | Objet                                                                                                      | N°   | Auteur                     | Page |
|--------------------------------------------------------------------------------|------|--------------------------------------------|------|------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|----------------------------|------|
| Accès aux centres de recyclage                                                 | 6197 | Laurent Mosar, Paul Galles                 | 88   | Bruit routier le long de l'A3                                                                              | 6336 | Marc Goergen               | 94   |
| Conseil national des programmes                                                | 6198 | Martine Hansen                             | 88   | Sécurité dans le nouveau stade de football                                                                 | 6339 | Fred Keup                  | 94   |
| Capacité des maternités                                                        | 6286 | Martine Hansen, Max Hengel, Claude Wiseler | 88   | Classification de la commune de Parc Hosingen en tant que centre de développement et d'attraction régional | 6341 | André Bauler               | 94   |
| Circulation inter-files en moto                                                | 6314 | Marc Goergen                               | 88   | Vaccination contre la pneumonie                                                                            | 6342 | Marc Spautz                | 95   |
| Impact de la fin du lockdown à Shanghai sur le secteur logistique              | 6317 | Fernand Kartheiser                         | 89   | Reconnaissance de maladies professionnelles                                                                | 6343 | Myriam Cecchetti           | 95   |
| Visite récente au Rwanda                                                       | 6319 | Nathalie Oberweis                          | 89   | Personnel enseignant de la formation professionnelle                                                       | 6344 | Fred Keup                  | 96   |
| Tarifs de l'Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN)              | 6321 | Sven Clement                               | 90   | Nomination des consuls honoraires en Russie                                                                | 6345 | Laurent Mosar              | 96   |
| Barèmes de l'impôt                                                             | 6322 | Fernand Kartheiser                         | 91   | Plaques d'immatriculation                                                                                  | 6347 | Marc Goergen               | 97   |
| Agriculture sans vaches                                                        | 6324 | Gusty Graas                                | 91   | Rapatriement familial                                                                                      | 6349 | Paul Galles                | 97   |
| Radars-tronçons sur l'A7                                                       | 6326 | Max Hahn                                   | 92   | Propositions du FMI concernant le marché immobilier                                                        | 6354 | Sven Clement               | 97   |
| Vaccination contre la variole du singe                                         | 6328 | Claude Wiseler                             | 92   | Propositions du FMI concernant la fonction publique                                                        | 6358 | Sven Clement               | 98   |
| Bureau de POST Luxembourg à Echternach                                         | 6329 | Carole Hartmann                            | 92   | Centre d'intervention commun pour la police et le CGDIS entre Bascharage et Pétange                        | 6362 | Marc Goergen               | 99   |
| Protection des animaux dans les entreprises agroalimentaires                   | 6330 | Marc Goergen                               | 92   | Sécurité dans le nouveau stade de football                                                                 | 6364 | Sven Clement, Marc Goergen | 99   |
| Bretelle d'accès à l'autoroute A13 près de Schengen                            | 6331 | Marc Goergen                               | 93   |                                                                                                            |      |                            |      |
| Structures dédiées à l'accueil d'enfants et de jeunes en situation de détresse | 6335 | Yves Cruchten                              | 93   |                                                                                                            |      |                            |      |



**Accès aux centres de recyclage** | Question 6197  
(16/05/2022) de **M. Laurent Mosar** | **M. Paul Galles** (CSV)

An de Recyclingszentere vum SIEDEC kann een onsen Informatiounen no aus Sécherheetsgrënn nëmme mat engem Auto säin Offall entsueren. Domadder kann ee Bierger, deen ze Fouss ënnerwee ass, net ouni Weideres säi recycléierten Offall an dem Recyclingszenter ofginn.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Ministesch dës Informatiounen bestätegen? A gëllt dës Reegel och fir déi aner Offallsyndikater?

2. Wat fir Sécherheetsgrënn sinn dofir verantwortlech, dass een net ze Fouss däerf an de Recyclingszenter?

3. Wëll een dës Praxis an Zukunft maachen? Wa jo, wéi eng Mesurë solle geholl ginn a wéini?

**Réponse** (01/07/2022) de **Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. De SIEDEC huet op Nofro dës Informatioun confirméiert.

Et ass awer keng allgemeng, landeswäit Reegel, dass een nëmme mam Auto säin Offall entsueren däerf. De Règlement grand-ducal du 1<sup>er</sup> décembre 1993 relatif à l'aménagement et à la gestion des parcs à conteneurs destinés à la collecte sélective de différentes fractions des déchets ménagers, encombrants ou assimilés, deen och fir déi aner Offallsyndikater gëllt, gesäit eng ganz Rëtsch Obligatiounen vir, un déi sech ee Containerpark oder ee Recyclingpark hale muss. Den Artikel 6 vun dësem groussherzogleche Règlement seet beispillsweis, datt d'Installatioun vun engem Containerpark, sou wäit et méiglech ass, op enger Plaz an der Géigend vun enger Strooss oder no bei engem Site soll sinn, deen einfach fir de Public zougänglech ass oder allgemeng vu ville Leit frequentéiert gëtt. Och soll de Containerpark esou situéiert sinn, dass vun him méiglechst wéineg Nuisancen ausginn. Et gëtt an deem Text net gesot, dass den Accès fir Foussgänger net erlaabt ass. D'Gemengen an d'Syndikater leeën d'Modalitéite vum Accès vun de Containerparken en fonction vun de lokale Gegebenheete fest.

ad 2. D'Recyclingzentere vum SIEDEC verfügen zurzäit nëmme iwwer een Zougangsweg. Wann dës vu motoriséierte Gefierer a Foussgänger gläichzäiteg genotzt gëtt, féiert dat zu enger Gefährdung vun de Foussgänger duerch d'Gefierer, zum Beispill duerch Kollisioun.

D'Sécherheetsmodalitéite fir ee Foussgängerzougang sinn am Texte coordonné du 3 novembre 1995 du règlement grand-ducal modifié du 13 juin 1979 concernant les directives en matière de sécurité dans la fonction publique oder an der Virschreift ITM-SST 1501.5 vun der Inspection du travail et des mines (ITM) définiert.

ad 3. De Règlement grand-ducal du 1<sup>er</sup> décembre 1993 relatif à l'aménagement et à la gestion des parcs à conteneurs destinés à la collecte sélective de différentes fractions des déchets ménagers, encombrants ou assimilés gëtt zesumme mat den Acteuren iwwerschafft, fir dësen un déi nei Obligatiounen aus dem Offallgesetz unzepassen. Nieft villen anere Punkten, wäert den Zougang zum Ressourcenzenter an deem Kader och mat gekuckt ginn.

De SIEDEC huet confirméiert, a sengem Recyclingpark zu Miersch, deen ze Fouss relativ gutt ze erreechen ass, ee gesécherte Foussgängersträife mat deemtsprechender Beschëlderung nach dëst Joer en place ze setzen.

**Conseil national des programmes** | Question 6198  
(16/05/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Dans sa réponse du 9 novembre 2021 à la question parlementaire n° 5065, Monsieur le Ministre avait écrit que le Conseil national des programmes n'aurait pas encore été instauré. Comme raisons il avait évoqué d'autres priorités ainsi que la situation exceptionnelle de la pandémie.

C'est dans ce contexte que je voudrais poser les questions suivantes Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

- Le Conseil national des programmes a-t-il été créé depuis la réponse susmentionnée de Monsieur le Ministre ?

• Dans l'affirmative, Monsieur le Ministre peut-il me renseigner sur l'état d'avancement de la mise en place de cet organe ?

• Dans la négative, pour quelle raison l'instauration du Conseil national des programmes est-elle toujours retardée et pour quand est-elle enfin prévue ?

**Réponse** (28/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Le Conseil national des programmes n'a en effet pas encore été instauré et cela pour deux raisons. Premièrement, un processus de consultation très large a été lancé afin de préparer la réforme du plan d'études à l'horizon de l'an 2025. Au vu de la multitude d'acteurs impliqués, les conclusions pouvant être tirées à l'issue de cette consultation permettront de refléter l'opinion d'une grande majorité d'acteurs impliqués.

À cela s'ajoute le fait que le Conseil supérieur de l'éducation nationale (CSEN) a pu reprendre ses activités après une interruption prolongée due à la pandémie. Au sein du CSEN des réflexions sont menées quant au fonctionnement futur et aux missions de cet organe. En attendant la conclusion de ces réflexions, la mise en place du Conseil national des programmes a été mise en suspens afin de permettre le développement d'une approche participative cohérente.

**Capacité des maternités** | Question 6286  
(01/06/2022) de **Mme Martine Hansen** | **M. Max Hengel** | **M. Claude Wiseler** (CSV)

Eisen Informatiounen no huet eng Fra Enn Mee wéinst enger Fréigebuert misse mam Rettungshelikopter op Tréier geflu ginn, fir do ze accouchéieren. An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

1. Kënnt Dir dës Informatiounen confirméieren?

2. Wa jo, wat war de Grond fir den Transfert an d'Ausland?

- Waren zu deem Zäitpunkt net genuch Kapazitéite fir Accouchement an der Maternité vum CHL disponibel?

- Waren net genuch Couveuses fir ze fréi gebuere Kanner disponibel?

3. War probéiert ginn, d'Fra an d'Klinik Bohler ze transferéieren, ier d'Decisioun getraff gouf, fir si an Däitschland ze fléien?

4. Wann et Enkpäss an der Maternité vum CHL gouf, sinn déi op de Fait zrëckzeféieren, datt d'Maternité vun Ettelbréck zu deem Zäitpunkt zou war?

- Wa jo, wéi vill Fraen hunn insgesamt mussen am Zäitraum, wou d'Maternité zu Ettelbréck zou war, an d'Ausland bruecht ginn, fir ze accouchéieren?

5. Wat fir Mesurë ginn ergraff, fir esou Situatiounen an Zukunft ze evitéieren?

**Réponse** (04/07/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1. De Gesondheetsministère kann dës Informatioun net confirméieren. Spideeler sinn net gezwongen, der Gesondheetsdirektioun ze mellen, wa si Patienten an d'Ausland transferéieren. D'Zuel vun Transferte gëtt iwwergräifend an der Carte sanitaire analyséiert<sup>1</sup>.

Am Kader vun der Documentation et de classification des séjours hospitaliers (DCSH) wäerten d'Grënn fir esou Transferten zäitno rezenséiert ginn.<sup>2</sup>

ad 2. cf. Äntwert op d'Fro 1.

ad 3. D'Decisioun, fir déi betrafte Persoun an d'Ausland ze transferéieren, ass eng medezinnesch Entschéedung, déi a Fonctioun vun der Patientin hirem Zoustand souwuel wéi Besoinen a fir eng spezifesch Prise en charge geholl gëtt. Et sief och drun erënnert, datt an dësem Fall de Prinzip vum Secret médical gëllt an datt de Gesondheetsministère deemno keng Detailler iwwer dës spezifesch Fall virleien huet.

ad 4. Et ass net méiglech, eng Ausso zu engem spezifesch Fall ze maachen, mee et ass kloer, datt d'Fermeture vun der Maternité zu Ettelbréck souwuel fir de CHL wéi och fir den HRS zu engem méi héijen Aarbechtsopwand gefouert huet.

De Gesondheetsministère ka momentan dës Froen net beäntweren. Déi néideg Donnéeën ginn aktuell am Kader vun der Documentation et de classification des séjours hospitaliers (DCSH) gesammelt.

ad 5. Transferten an d'Ausland kënnen mat verschiddene Grënn verbonne sinn (Betreiung, déi net am Grand-Duché ausgefouert ka ginn, Mangel u spezifischem Equipement an u Plaz fir Fleeg). D'Moosname kënnen verschidde sinn, awer Transferte fir spezifesch Fleeg an erfuenderlech technesch Fäegkeete si schwéier ze vermeiden.

**Circulation inter-files en moto** | Question 6314  
(08/06/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

En Artikel vum RTL vum 27. Mee 2022 behandelt d'Theema vun der Legaliséierung vum Slalom fueren am Stau. Enger Ëmfro vum RTL 5minutes no hunn 73 Prozent dofir gestëmmt, dass et als Motorradfuerer erlaabt sollt sinn, am Stau tëscht den Autoen ze fueren. D'Diskussioun ass ënnert anerem opkomm, wéill de Slalom am Stau an der Belsch an a Frankräich a verschiddenen Departementer legal ass.

An deem Zusammenhang wéilt ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Fro stellen:

1. Wéi oft huet d'Police an deene leschten zwee Joer op den Autobunnen d'Slalomfuere vu Motoe kontrolléiert?

2. Wéi vill Protokoller goufen dobäi erstallt?

**Réponse** (22/06/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. D'Autobunns police (UPR) huet an deene leschten zwee Joer op deenen a Fro kommende Strecke ronn 7.500 Verkéierskontrollen am Kader vun der allgemenger Verkéierssicherheit gemaach. Natierlech war och dat korrekt Verhale vun de Motocyclisten an deenen eenzelne Situatiounen Bestanddeel vun deene Kontrollen.

ad 2. D'Police ass duerch d'Gesetz verpflichtet, all Infraktiounen a Strofnoten, déi se feststellt, ze aktéieren.

<sup>1</sup> <https://sante.public.lu/dam-assets/fr/publications/c/carte-sanitaire-2019-principal/ Carte-sanitaire-2019-Documents-principaux.pdf>

<sup>2</sup> DCSH, <https://www.dcsch.lu/>

Dëst geschitt entweeder duerch e Protokoll oder en Avertissement taxé. Och bei deene vir erwäante Kontrolle si reegelméisseg Motorradfuerer verbaliséiert ginn, well se géint de Code de la route verstouss hunn.

De Fait mam Motorrad op der Autobunn Slalom tëscht den Autoen ze fueren ass net als solchen am Catalogue des avertissements taxés spezifizéiert. Jee no deems, wéi dës Infarktoun begaange gëtt (permanent d'Spuer wiesselen, duerch d'Mëtt fueren, riets iwwerhuelen, asw.), komme verschidden Artikelen/Referenzen a Fro.

An deene leschten zwee Joer kruten 317 Motorradfuerer weinst engem vun deenen Infarktounscoden, déi heifir a Fro kommen, en Avertissement taxé ausgestallt.

Ofschléissend sief nach erwäant, datt de Mobilitéitsministère aktuell analyséiert, ob et méiglech wier, de Code de la route an deem Sënn ze aktualiséieren, fir de Motorradfuerer ënnert bestëmmte Bedingungen ze erlaben, am Stau laanscht Autoen ze fueren.

#### Impact de la fin du lockdown à Shanghai sur le secteur logistique | Question 6317 (08/06/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Esou wéi de Portal „Deutsche Wirtschaftsnachrichten“ rezent geschriwwen huet, ass duerch d'Enn vum Lockdown zu Shanghai an domat och dem Zéck an en normale Betribsflaf am gréissten Hafe vun der Welt ze rechnen. Während d'Schëffer sech weinst deem laange Lockdown virum Hafe gestaut hunn an et do duerch am Rescht vun der Welt zu ëmmer méi laange Liwwerzäite koom, rechnen Experten an den nächste Woche mat engem géigendelegen Effekt. Doduerch, datt a kuerzer Zäit nodréiglech ganz vill Liwwerunge mateneen traitéiert ginn, gëtt mat enger potenzieller Iwwerlaaschtung op den Zildestinatiounen gerechent. Lëtzebuerg ass mat deem klengen Mäerterter Hafen nëmme ganz begrenzt mam internationale Verkéier um Mier verbonden, stellt awer trotzdem mat dem Findel an dem Beetebuerg Logistikzenter e wichtegt Dréikräiz fir déi regional Wuerestréim duer.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Ekonomeminister gär dës Froe stellen:

1. Geet den Här Minister dovun aus, datt déi uewe beschriwwene Konsequenze vum Enn vum Lockdown am Hafe vu Shanghai och zu engem méi héijen Drock op de Lëtzebuerg Logistiksektor féieren? Falls jo, kann den Här Minister da matdeelen, ob a wéi eng Moossname getraff ginn, fir déi Schwankungen auszegläichen?

2. Ass speziell u Moossname geduecht, déi de Weiderttransport vun de Wueren iwwert d'Strooss kéinte méi bëlle maachen, z. B. duerch weider Moossname beim Präis vum Diesel?

3. Wéi eng Moossname wëllt d'Regierung allgemeng huelen, fir Lëtzebuerg Logistikentreprisë par rapport zu hirer auslännescher Konkurrenz méi kompetitiv ze maachen?

**Réponse (13/07/2022) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie**

Zanter méi wéi zwee Joer sinn d'Betriben vum Logistiksektor mat enger Rei vun disruptiven Evenementer konfrontéiert, dozou gehéiert och d'Zoumaachen an Erëffnung vu groussen Häfen ewéi Shanghai. D'Enn vum Lockdown am Hafe vu Shanghai bedeit net onbedéngt den direkte Retour op eng komplett Normalitéit. Et wäert eng Zäit daueren, bis déi industriell Produktionsvolummen an duerno d'Containervolummen

erëm erop ginn. An deem schwierigen Ëmfeld hunn d'Betriben aus dem Lëtzebuerg Logistiksektor sech bis elo widderstandsfäeg a resilient gewisen, verschiddegerhand hunn esouguer gutt finanziell Resultater opzeweisen.

Wat Moossnamen ugeet, fir den Transport vu Wueren iwwert d'Strooss méi bëlle ze maachen, huet d'Regierung nieft den Accisë keen Hiewel, fir d'Präisser vum Stroossentransport, deem e ganz kompetitive Sektor ass, ze beaflossen. Fir d'Betriben am aktuelle Kontext ze ënnerstëtzen, ass am Kader vum Solidaritéitspak decidéiert ginn, den Taux vun der Accise ëm 7,5 Cent/l inklusiv Steuer erfrozesetzen. Des Weidere gouf am Accord Tripartite virgesinn, no der Revisioun vun den europäesche Staatshëllefreegelen een neien Hëllefsgesetz fir propper Gefierer anzeféieren, fir de Betriben bei de Méikäschen entgéintzekommen.

Déi kontinuéierlech Efforte vum Wirtschaftsministère an de leschte Jorjénge, fir de Logistiksektor ze entwéckelen, hunn et méiglech gemaach, Lëtzebuerg zu engem attraktive Logistikzenter ze maachen. Méi wéi 300.000 m<sup>2</sup> Logistiklager goufen entwéckelt, fir de Bedierfnesser vu weltbekannten Acteuren gerecht ze ginn. Donieft hu Betriben aus dem Logistiksektor zesumme mam Wirtschaftsministère Léisunge fir verschidden Nischensektoren entwéckelt, déi eng gutt Logistik erfuerderen, wéi zum Beispill pharmazeutesch Produkter.

D'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg als Logistikzenter gëtt och bestätegt duerch déi sëllegen Demandé fir nei Implantatiounen, déi de Wirtschaftsministère weiderhi kritt. D'Grënnung vun enger Universitärer Chaire am „Digital Procurement“ an d'Zesummenaarbecht tëscht der Uni Lëtzebuerg an dem Wirtschaftsministère ass e weidert Beispill vun der positiver Entwécklung am Logistiksektor. Mat der Ausbildung vu qualifizierten Experten an deem spezifesche Beräich verstärkt dës Chaire d'Dynamik an déi positiv Entwécklung vu Lëtzebuerg als Logistikshub.

#### Visite récente au Rwanda | Question 6319 (08/06/2022) de Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)

Début juin, Messieurs les Ministres ont fait un déplacement au Rwanda. Monsieur le Premier Ministre y a notamment effectué une réunion de travail avec le Président de la République de Rwanda Paul Kagamé, lors de laquelle il a déclaré vouloir ouvrir un nouveau chapitre dans les relations bilatérales. Monsieur le Ministre de l'Économie a quant à lui rencontré Monsieur le Ministre rwandais des Affaires étrangères et de la Coopération, ainsi que Monsieur le Ministre rwandais de la Finance et de la Planification économique.

Dans ce contexte, il faut relever que les autorités rwandaises et notamment le Président Paul Kagamé sont régulièrement accusés de violations des droits humains par des organisations internationales.

Le rapport 2021 de Amnesty International fait état de « violations des droits à un procès équitable, à la liberté d'expression et au respect de la vie privée, ainsi que de disparitions forcées, d'actes de torture et de recours excessif à la force ». Selon Amnesty International, les autorités rwandaises ont entre autres ciblé plus de 3.500 militantes, journalistes et personnalités politiques avec le logiciel espion Pegasus du NSO Group.

L'ONG Human Rights Watch quant à elle écrit dans son rapport mondial 2022 : « Le Front patriotique rwandais (FPR) a continué d'étouffer les voix dissidentes et critiques et de cibler les personnes perçues comme constituant une menace pour le Gouvernement, ainsi que les membres de leurs familles. L'espace réservé à l'opposition politique, à la société civile et aux médias est resté

fermé. Plusieurs détracteurs très en vue, dont des membres de l'opposition et des commentateurs qui s'exprimaient sur les réseaux sociaux ou sur YouTube, ont disparu ou été victimes d'arrestations ou de menaces. Les détentions arbitraires, les mauvais traitements et les actes de torture perpétrés dans des centres de détention aussi bien officiels que non officiels ont été monnaie courante, et les normes de procès équitable ont été régulièrement bafouées dans des affaires jugées sensibles. »

Notons aussi que les autorités rwandaises ont régulièrement été liées à de graves violations des droits humains dans l'est de la République démocratique du Congo.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Premier Ministre :

1) Quelle est la position du Gouvernement par rapport aux accusations de violations des droits humains formulées à l'encontre des autorités rwandaises et du Président Paul Kagamé ?

2) Est-ce que Monsieur le Premier Ministre a évoqué le sujet des droits humains avec le Président rwandais Paul Kagamé ? Dans l'affirmative, peut-il me détailler ses propos et les réactions de son interlocuteur ?

3) De manière plus générale, quelle est la politique du Gouvernement luxembourgeois concernant la relation avec des gouvernements accusés de violations des droits humains ?

4) Est-ce que des accords entre le Luxembourg et le Rwanda, dans quelque domaine que ce soit, ont été discutés ou même signés lors de la visite ? Dans l'affirmative, pouvez-vous m'en donner des détails ?

5) Dans quels domaines le Gouvernement luxembourgeois entend-il développer une collaboration plus approfondie avec le Rwanda dans le futur ?

6) Qui a été à l'initiative de la visite de Messieurs les Ministres au Rwanda ? Est-ce que Monsieur le Premier Ministre a invité le Président Paul Kagamé au Luxembourg, respectivement est-ce qu'une visite du Président Kagamé au Luxembourg est prévue ou a été évoquée ?

Selon le communiqué officiel du Gouvernement luxembourgeois du 8 juin 2022, des discussions entre les deux ministres de la Coopération ont porté sur l'avancement « du projet de développement sur le Kigali Financial Center, pour la mise en œuvre duquel le Rwanda avait officiellement sollicité le soutien du Luxembourg ».

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire :

7) Monsieur le Ministre peut-il me détailler les projets soutenus par la coopération luxembourgeoise au Rwanda et notamment les modalités financières ? Est-ce que les coûts sont intégralement comptabilisés comme aide publique au développement (APD) ?

8) Monsieur le Ministre peut-il m'expliquer son choix d'amorcer une collaboration entre la coopération luxembourgeoise et le Rwanda, étant donné que les pays partenaires et l'expertise de la coopération luxembourgeoise se situent essentiellement en Afrique de l'Ouest ?

9) Est-ce que Monsieur le Ministre prévoit d'accorder au Rwanda le statut de pays partenaire de la coopération luxembourgeoise ?

10) Est-ce que des sociétés luxembourgeoises sont, de manière directe ou indirecte, impliquées dans les projets financés, implémentés ou coordonnés par la



coopération luxembourgeoise au Rwanda ? Dans l'affirmative, pouvez-vous me décrire le rôle de ces sociétés dans ces projets et l'ampleur de leur implication ? Pouvez-vous m'assurer que les projets ne comportent aucun volet susceptible d'être considéré comme de l'aide liée ?

11) Est-ce que de nouveaux projets ou de nouvelles formes de collaboration entre la coopération luxembourgeoise et le Rwanda ont été discutés ou même décidés lors de la visite ?

Finalement, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie :

12) Est-ce que des représentants de sociétés privées luxembourgeoises ont accompagné Messieurs les Ministres lors de la visite au Rwanda ? Si oui, quelles sociétés étaient représentées ?

13) Quelle est l'ampleur des relations économiques entre le Luxembourg et le Rwanda ? Quels sont les secteurs économiques luxembourgeois qui sont actuellement engagés au Rwanda ?

**Réponse commune (11/07/2022) de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire**

ad 1) Le Gouvernement prend très au sérieux la situation des droits humains, au Rwanda comme ailleurs. Le Luxembourg condamne toutes les violations des droits humains, en toutes circonstances.

ad 2) Oui, tout comme le Ministre Fayot avec son homologue.

Il ne revient pas au Premier Ministre de relater le détail d'un échange d'ordre diplomatique.

ad 3) Malheureusement, la situation des droits humains dans le monde connaît une évolution inquiétante. De fait, un nombre important de gouvernements, à des degrés divers, sont accusés de ne pas respecter ces droits. Le Gouvernement luxembourgeois dispose de plusieurs moyens pour promouvoir leur respect. L'un des outils est la coopération bilatérale. En tant que priorité transversale de la Coopération luxembourgeoise, les droits humains sont promus dans le cadre de la coopération au développement et sont abordés lors des consultations politiques subséquentes.

Dans le cadre multilatéral, les situations particulièrement graves sont dénoncées dans les enceintes onusiennes, à New York ou à Genève, dans le cadre de déclarations nationales ou en association avec l'Union européenne. Au-delà de la simple condamnation, des mesures restrictives sont envisageables. Depuis 2021, l'Union européenne dispose d'un régime mondial de sanctions en matière de droits de l'homme qui lui permet de cibler des personnes, des entités et des organismes qui se sont rendus coupables de violations graves des droits humains.

ad 4) Non.

ad 5) cf. réponses aux questions 7, 9 et 11.

ad 6) Le Président Kagame a invité le Premier Ministre au Rwanda pour participer à la World Telecommunication Development Conference. Lors de son entretien avec le Président, dans un esprit de réciprocité, le Premier Ministre a invité le Président Kagame au Luxembourg.

ad 7) Actuellement, quatre ONG de Développement luxembourgeoises, mettant en œuvre des projets de développement au Rwanda, sont cofinancées par le Ministère des Affaires étrangères et européennes. Il s'agit des ONGD Amizero, Fondation Partage, Christian Solidarity International et Handicap International

Luxembourg. Elles travaillent principalement dans les domaines de l'éducation, de la formation professionnelle et de la santé. Par ailleurs, ADA, une ONG luxembourgeoise spécialisée en finance inclusive, a établi un partenariat avec l'institution de microfinance (IMF) rwandaise UFC pour améliorer l'accès aux crédits des jeunes et appuyer la création et le renforcement d'activités économiques. Le Rwanda bénéficie par ailleurs d'une initiative régionale en finance digitale, lancée par ADA en 2017. Enfin, ADA a également su lancer la première phase de son nouveau projet avec l'IMF Inkunga, qui souhaite intensifier son activité de financement des chaînes de valeur forestières.

Le Luxembourg soutient également le Rwanda dans le développement d'une Académie bancaire à travers l'ATTF/House of Training.

Les engagements financiers pris dans le cadre de la mise en œuvre de ces projets sont comptabilisés comme aide publique au développement (APD).

Compte tenu de l'expérience avérée du Luxembourg en matière de finance inclusive et innovante au profit des plus défavorisés, et dans le but de ne laisser personne pour compte, un mémoire d'entente a été signé en octobre 2021 suite à la demande officielle du Rwanda pour un soutien dans le cadre du développement du Kigali International Financial Center (KIFC). Celui-ci retient les quatre domaines d'action suivants :

- le renforcement des capacités et développement des talents : favoriser l'employabilité et l'emploi dans le secteur financier,
- le développement de la finance durable au Rwanda,
- la mise en place d'un écosystème FinTech au Rwanda,
- la mise en place d'un marché d'investissements à impact.

Le soutien dans ces domaines est en lien avec l'objectif de la stratégie générale de la Coopération luxembourgeoise de promouvoir une croissance durable et inclusive. Dans ce contexte, Lux-Development a été mandatée, avec l'appui d'une expertise externe, de l'élaboration d'une feuille de route relative au soutien du Luxembourg dans le développement du KIFC.

ad 8) La coopération entre le Luxembourg et le Rwanda a une longue histoire. La collaboration actuelle n'en constitue dès lors pas un début mais, au contraire, s'inscrit dans la continuation de cette coopération.

Ses débuts remontent aux années 60, lorsque le Luxembourg était présent essentiellement à travers des ONG. La coopération bilatérale a démarré en 1989, un accord général de coopération a été signé en 2002. Celui-ci reste en vigueur à ce jour.

Compte tenu des relations préexistantes entre les deux pays en matière de coopération au développement, de la demande d'appui du Rwanda, du fait que ce pays continue à figurer parmi les pays les moins avancés, des besoins avérés de la population de ce pays, et tout en tenant compte des défis et impératifs d'amélioration de la situation en matière de droits humains, la reprise des relations de coopération au développement constitue un choix cohérent dans le contexte actuel, où la coopération luxembourgeoise cherche à se diversifier géographiquement suite aux difficultés bien connues, rencontrées dans d'autres régions, notamment en Afrique de l'Ouest. Elle s'inscrit ainsi également dans le cadre de la stratégie générale de la Coopération luxembourgeoise, œuvrant en faveur des populations dans les pays les moins avancés, avec objectif de ne laisser personne pour compte tout en améliorant la situation socio-économique et la situation des droits humains dans ces pays.

ad 9) Actuellement, le Rwanda est un pays à projets. À l'instar d'autres pays, la question de savoir si le Rwanda deviendra un pays partenaire devra être évaluée au fil du temps. Il s'agira de tenir compte des besoins du pays et de sa population, identifiés lors de la mise en œuvre des projets et de la capacité du Luxembourg à y répondre, ainsi que du déroulement des projets ainsi que de l'évolution de la situation générale, à différents niveaux, de ce pays.

ad 10) Non.

ad 11) Lors de la récente visite au Rwanda, les domaines suivants ont fait l'objet d'échanges avec les autorités rwandaises : la formation technique et professionnelle, l'environnement et le développement durable ainsi que la finance inclusive et innovante. Les droits humains, l'égalité des genres et la bonne gouvernance ainsi que la digitalisation constituent par ailleurs des sujets transversaux, qui seront promus dans le cadre de cette coopération.

ad 12) Des représentants des entités suivantes ont accompagné la délégation : Post Group, SES, Koosmik, B Medical Systems, WEO, Broadcasting Center Europe, Suricate Solutions, Luxembourg House of FinTech (LHOFT), Chambre de Commerce.

ad 13) La valeur des exportations du Luxembourg vers le Rwanda représentait 308.000 EUR en 2021. Il ne s'agit ici que d'exportations de machines et de matériel électronique. Pour l'instant, il n'y a pas d'importations de biens depuis le Rwanda vers le Luxembourg.

Les échanges de services s'élevaient à 8 millions d'euros en 2020. Le Luxembourg a exporté des services pour une valeur de 7 millions d'euros en 2020, dont 5 millions d'euros en services financiers. Des services ont été importés pour une valeur d'un million d'euros depuis le Rwanda. Plusieurs entreprises luxembourgeoises sont déjà actives au Rwanda, surtout dans les secteurs des télécommunications, de la construction, de l'hôtellerie et de l'industrie. Des discussions ont été lancées entre les deux pays dans les domaines de la cybersécurité, des technologies financières (FinTech) et des finances. Le Rwanda aspire à devenir un centre financier dans l'est de l'Afrique et a établi des liens avec le Luxembourg pour apprendre du know-how luxembourgeois dans le domaine des finances, notamment par le biais de l'ATTF, comme exposé sous 7).

La LHOFT organise régulièrement des programmes de développement dans le domaine des FinTech, intitulés CATAPULT, dont une édition spécifique pour l'Afrique, le « CATAPULT : Inclusion Africa ». Les entreprises sélectionnées reçoivent du soutien via la finance inclusive et l'écosystème FinTech luxembourgeois afin de développer leurs activités et d'atteindre leurs objectifs. Des startups rwandaises ont déjà participé à ce programme.

**Tarifs de l'Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN) | Question 6321 (09/06/2022) de M. Sven Clement (Piraten)**

Als Partner vun den Enseignantinnen an de schouleschen Etablissementer stellt den Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN) divers Servicier, virun allem wat d'Insertion professionnelle an d'Formation continue ubelaangt, zur Verfügung.

Fir d'Missioune vum IFEN ze assuréieren, gräift dësen op Formateuren/-trichen zeréck. Sou organiséiere si zum Beispill d'Formations générales ewéi och spéciales, si intervenéieren an der Evaluatioun vun de professionnelle Kompetenzen a villes méi.

Niewent de fest agestallte Formateuren/-trichen gräift den IFEN ëfters och op externt Personal zeréck. Dëst gëtt allerdéngs net no engem fixe Salaire, mee no Stonnentariffer ausbezuelt. Mir leien elo Temoignagë vir, dass dësem externe Personal vum IFEN refuséiert gëtt, indexéiert Tariffer ausstellen.

An deem Zesammenhang wëilt ech dem Minister fir Héichschoul a Fuerschung dës Froe stellen:

1. Wéi héich ass d'Zuel vum externe Personal, op dat den IFEN zeréckgräift?

2. Stëmmt et, dass dem externe Personal net erlaabt gëtt, hir Servicer no indexéierten Tariffer ze verrechnen?

**Réponse** (11/07/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Den Total vu Formateuren/Prestatairen, déi während dem Exercice budgétaire 2020 vum IFEN bezuelt gi sinn, beleef sech op 1.256. Fir den Exercice budgétaire 2021 waren et der 1.271.

ad 2. D'Formateuren, déi vum IFEN bezuelt ginn, sinn all IFEN-extern Persounen. Et ka geleeëntlech virkommen, datt och Mataarbechter vum IFEN Formatiounen halen, allerdéngs gëtt dëst da mat hirer Aarbechtszäit verrechent.

Bei der Applikatioun vum den Tariffer vum Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) muss een tëschent dräi verschiddenen Zenarien ënnerscheeden, jee no Kategorie vum Formateur:

a) Déi Formateuren, déi zu den „agents de la fonction publique luxembourgeoise“ gehéieren. Am Fall wou dës Formateur Formatiounen ausserhalb vum hirer Tache halen, gi si op Basis vum Deklaratiounen bezuelt, déi si ausfëlle mussen. D'Tariffer, déi hei applizéiert ginn, stinn an:

– der Loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'Éducation nationale

– am Règlement grand-ducal modifié du 25 août 2015 déterminant les tarifs horaires des formateurs et les indemnités des évaluateurs intervenant à l'Institut de formation de l'Éducation nationale, tous précisés comme basés sur un indice 100.

Dës Tariffer ginn also ëmmer mat deem zum Zäitpunkt vum der Prestatioun gültegen Index applizéiert.

b) Déi extern Formateuren, déi d'Konditiounen akzeptéieren, sou wéi se am Gesetz definéiert sinn. (Mat Bezuch op de Punkt 1.)

c) Am Fall vu spezifesche/komplexe Formatiounen, fir déi mir keen internen an och keen externe Formateur hunn, deem déi gesetzlech Tariffer acceptéiert, féiert den IFEN Verhandlung mat engem externe Formateur (Indépendant, Gesellschaft oder Associatioun). Wa bei de Verhandlungen een Accord fonnt gëtt, gëtt e Kontrakt fir ee Joer opgestallt, a seelene Fäll och fir méi Joren. An dëse Fäll gëtt keen Index applizéiert, well et sech hei ëm gemeinsam negociéiert Tariffer handelt, déi vu béide Säiten acceptéiert goufen a just iwwert de limitéierten Zäitraum vum Kontrakt gëllen.

**Barèmes de l'impôt** | Question 6322 (09/06/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

D'Upassung vum der Steiertabell un d'Inflatioun geschitt hei am Land zënter 1996 net méi automatesch. An der RTL-Emissioun „Dir hutt d'Wuert“ huet de Minister François Bausch gesot, datt d'Regierung zënter 2013 vill gemaach hätt an där Richtung, ouni an Detailer ze goen. Duerfir wëll ech d'Madamm Finanzminister froen:

1. Wéi dacks ass d'Steiertabell zënter 1996 un d'Inflatioun ugepasst ginn?

2. Wéi dacks wär d'Steiertabell mam 5 %-Automatismus, deem 1996 vum Finanzminister Jean-Claude Juncker a senger CSV-LSAP-Regierung ofgeschaaft ginn ass, zënterhier ugepasst ginn?

3. Wat genee huet d'Regierung vum 2013 u gemaach, fir déi ongerecht Auswirkung vum der Inflatioun op d'Steiertabell, d'kal Progressioun, auszegläichen?

4. Kann ee graff rechnen, wéi vill Steieren de Staat all Joer méi anhëlt, wéi hien eigentlech berechtigt wär, well d'Steiertabell net automatesch ugepasst gëtt?

**Réponse** (12/07/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

A senger parlamentarescher Ufro referéiert sech den honorabelen Deputéierten op d'Upassung vum der Steiertabell un d'Inflatioun. Et ass drop hinweisen, datt de Barème an der Vergaangenheet säit 1996 aachtmol ugepasst ginn ass.

Et ass leider net méiglech ze rechnen, wéi oft de Barème ugepasst hätt misse ginn, wann d'Upassung mat dem Fënnf-Prozent-Automatismus nach géif bestoen. Esou een Exercice hätt och keng Plus-value a wär reng spekulativ, well deem initiale Mechanismus méi wéi eng Kéier ofgeännert ginn ass. Esou kuum et am Joer 1996 zu enger substanzierter Ännerung, andeem déi automatesch Upassung ofgeschaaft ginn ass. An am Joer 2012, wéi an der parlamentarescher Ufro N° 4762 vum 27. Juli 2021 erwänt, ass déi allgemeng Upassung vum Barème un d'Inflatioun, déi am Artikel 125 vum Akommessteiergesetz virgesi war, duerch d'Gesetz vum 21. Dezember 2012 ofgeschaaft ginn. D'Regierung Juncker huet deemools am Gesetzesprojet drop higewisen, datt dee Schrëtt néideg war opgrond vum den deemolege budgetäre Contrainten.

Et ass des Weideren drop hinweisen, datt d'Regierung am Kader vum der Steuerreform 2017 de Steuerbarème substanzierlich ugepasst huet. Duerch d'Upassung vum den ënneschten Tranchen an duerch d'Aféierung vum zwee weidere Steiertaxe vum 41 respektiv 42 %, ass de Steuerbarème sozial méi gerecht gemaach ginn. Derbäi kënnt, datt d'Steuerreform 2017 d'Steierkredit (CIS, CIP, CII, CIM) komplett nei modeléiert huet, fir déi Leit mat déiwe Revenue steierlech nach weider ze entlaaschten. All déi Mesurë sinn aus steierlecher Siicht méi sozial gerecht a méi adequat, wéi wann d'Regierung eng allgemeng Upassung vum Barème vum der Akommessteuer un déi allgemeng Präisdeierecht ënnerholl hätt, déi virun allem Leit mat héije Revenue favoriséiert hätt.

Ofschléissend ass drop hinweisen, datt et techesch net méiglech ass, deem hypotheetesch Fall ze rechnen, wéi vill Steieren de Staat méi – respektiv manner – ageholl hätt, wann de Barème automatesch ugepasst gi wär. Esou eng Rechnung wär och nees reng spekulativ an hätt keng Plus-value, well deem initiale Mechanismus méi wéi eng Kéier ofgeännert ginn ass.

**Agriculture sans vaches** | Question 6324 (09/06/2022) de **M. Gusty Graas** (DP)

Eng rezent amerikanesch Studie mam Titel „Contribution of dairy products to environment impacts and nutritional supplies from United States agriculture“ kënnt zur Konklusioun, datt eng Landwirtschaft ouni Kéi an den USA d'Emissioun vum Zäregasen nëmme geréngfügig verréngere géif. D'Studie huet och analyséiert, wat fir Auswirkungen eng alternativ Landbenetzung vum der Fudderflächen hätt. Dobäi hu si verschidden Zenarien analyséiert, wéi zum Beispill e komplett Ofschaf vum der Mëlchhéi oder och eng

Vollweidehaltung vum der Kéi ouni Mëlchproduktioun. Géifen d'USA vollstänneg op d'Hale vu Mëlchhéi verzichten, géifen hir Zäregasemissiounen just ëm 0,7 % erofgoen. Gläichzäiteg wieren awer essenziell Nährstoffe just nach limitéiert verfügbar. De Wëssenschaftler no géifen all d'Zenarien, an deenen d'Emissiounen reduzéiert ginn, och d'Disponibilitéit vum essenziellen Nährstoffe reduzéieren.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Ass dem Minister dës Etüd bekannt?

2. Kann een d'Konklusioun aus dëser amerikanescher Etüd eventuell och op déi Lëtzebuerger Landwirtschaft iwwerdreen?

3. Gouf zu Lëtzebuerg och schonns analyséiert, wat fir en Afloss d'Ofschaffen, bzw. d'Verréngere vum der Mëlchhéi, op d'Emissioun vum Zäregasen hätt?

4. Falls net, ass esou eng Etüd geplangt, besonnesch och an Hënsicht op dat zukünfteg Agrargesetz, wat d'Verréngere vum Véibestand virgesäit?

**Réponse** (06/07/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Et gëtt vill Etüden zu dësem Sujet. Dës Etüd war eis net bekannt, mee mir hunn si mat vill Interessi gelies.

ad 2. Aus der Siicht vum der Lëtzebuerger Regierung ginn d'Erklärung vum IPCC („Intergovernmental Panel on Climate Change“) de wëssenschaftleche Kenntnisstand vollstänneg, ausgeglach an objektiv erm. Den IPCC berécksiichtegt déi weltwäit verfügbar wëssenschaftlech Literatur. Déi Ausgeglichenheet, Zouverlässegkeet a Vollstännegkeet vum dem IPCC sengen Aussoe gëtt duerch detailléiert Prozedure mat engem méistufige Begutachtungsverfahren an der Bedeelegung vum Experten aus der ganzer Welt séchergestallt. Déi Lëtzebuerger Regierung gesäit duerfir kee Grund, d'Aussoe vum IPCC zur anthropogener Erwärmung op der Grondlag vum enger einzeler wëssenschaftlecher Studie ze revidéieren.

Deem am Abrëll 2022 verëffentlechte Bäitrag vum der Aarbechtsgrupp 3 vum IPCC (<https://www.ipcc.ch/report/ar6/wg3/>) zur Ofschwächung vum Klimawandel gëtt eng kloer Äntwert op d'Froen no dem Reduktionspotenzial vum Sektour Land- a Forstwirtschaft an anere Landnotzungen (AFOLU) a vum Ernährungssystem. Op globaler Ebene sinn 2019 ronn 15 % vum der globalen anthropogeenen Zäregasemissiounen aus dem AFOLU-Sektour a sinn eppes méi wéi 30 % vum den Zäregasemissiounen op den Ernährungssystem komm.

Den IPCC-Bericht kënnt zur Konklusioun, dass dës global Zäregasemissiounen bis 2030 ëm 43 % a bis 2050 ëm 84 % am Verglach zu 2019 erofgesat musse ginn, fir d'global Erwärmung op 1,5 °C ze begrenzen (Warscheinlechkeet iwwer 50 %) mat kengem oder engem begrenzten Depassement, wéi am Klimagesetz vum 15. Dezember 2020 an dem Paräisser Accord virgesinn.

De Rapport weist och Léisungen, wéi dës Ziler kéinten erreicht ginn, a kënnt zur Konklusioun, dass grouss Verännerungen an alle Wirtschaftssektoren, awer och Moosnamen zur Substitutioun vum der Nofro néideg sinn, an dës sou séier wéi méiglech weltwäit ëmgesat musse ginn, fir d'Chance ze erhalen, d'global Erwärmung op 1,5 °C ze begrenzen.

Déi am Rapport analyséiert nofrobedéngte Substitutionsmoosnamen, zu deenen och d'Ëmstellung op eng gesond, ausgeglach an nohalteg Ernährung (heidränner méi Detailler), d'Reduzierung vum der Liewensmëttelverloschter an -offall souwéi och



d'Verwendung vu Biomaterialie gehéieren, kéinten zu enger järecher Reduzéierung vun de globalen Zäregasemissiounen vun 2 bis 6 Prozent bäidroen. Doriwwer kënnen eng verbessert an nohalteg Bewirtschaftung vun der Notzfääch a vum Grëngland souwéi d'Kuelestoffbindungen an der Landwirtschaft (dat Lescht ëmfaasst d'Bewirtschaftung vum Buedemkuelestoff an den Notzplanzen a Grëngland, Agroforstwirtschaft a Biokuel) zu enger weiderer Reduzéierung vun de globalen Zäregasemissiounen ëm 3–7 % pro Joer bäidroen.

Eng „gesond an nohalteg Ernierungsweis“ promovéiert all Dimensiounen vun der Gesondheet an dem Wuelbefanne vun dem Eenzen; si huet eng méi geréng Belaaschtung an Auswierkung op d'Ëmwelt; si ass zougänglech, bezuelbar, sécher a fair a si ass kulturell akzeptabel, wéi vun der Ernierungs- a Landwirtschaftsorganisatioun vun de Vereenegten Natiounen (FAO) an der Weltgesundheitsorganisatioun (WHO) beschriwwen. Dat verwent Konzept vun der „ausgeglichenen Ernierung“ bezitt sech op Regimier, déi souwuel planzlech Liewensmëttel, wéi zum Beispill Kären, Leguminosen, Uebst a Geméis, Nëss a Som, wéi och déierlech Liewensmëttel enthalen, déi a widerstandsfäegen, nohaltegen an zäregasaarme Systemer produzéiert ginn.

Den IPCC-Rapport weist also daitlech, dass ee Wiessel zu enger gesonder an nohalterger Ernierungsweis een net onwichtege Bäitrag ka sinn, fir d'Beméiungen zu der Andämmung vun den Zäregasen ze erreechen, déi noutwendeg wieren, fir déi global Erwiermung op 1,5 °C ze limitéieren, während gläichzäiteg eng ausgeglichen a gesond Ernierung séchergestallt gëtt an ee Bäitrag zu den Ziler vun de Vereenten Natiounen fir nohalteg Entwécklung, besonnesch dem Zil vun der Hongerbekämpfung, geleescht ka ginn.

ad 3. Et si Schätzunge gemaach ginn, wat d'Verréngierung vum Véibestand géif bréngen. 5 % manner Vei wier equivalent mat 4 % manner Zäregasen aus der Landwirtschaft. D'Landwirtschaft war 2020 fir knapps 8 % vun de Gesamtemissiounen vu Lëtzebuerg verantwortlech (Quell: NIR 2022; <https://unfccc.int/documents/461887>).

ad 4. Et si Schätzunge gemaach ginn. An dës, wéi och aner Punkten, sollen nei analyséiert ginn, esoubal den Update vum Modell fäerdeg ass. Deen, bedéngt duerch d'Uwendung vun neie Guidelinen, déi bis nächst Joer ze applizéieren sinn, néideg ass.

#### Radars-tronçons sur l'A7 | Question 6326 (09/06/2022) de M. Max Hahn (DP)

Den Här Minister huet an enger rezenter Pressekonferenz annoncéiert, dass op der A7 an allen Tunnelle Streckeradare sollen installéiert ginn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Op wéi enge Plaze genee sollen dës Radaren installéiert ginn? Si just déi dräi länger Tunneln op der Héicht vu Lëntgen, Luerezwiler an dem Waldhaff concernéiert oder soll och ee Radar am Tunnel beim Krounebiert zu Miersch installéiert ginn?
2. Wéi gesäit d'Zäitschinn aus, fir dës Radaren ze installéieren?
3. Wat ass de geschate Käschtepunkt heivun?
4. Wéi vill Accidenter sinn an den Tunneln op der A7 geschitt, zënter dës Streck 2015 fäerdeggestallt gouf?
5. Wat ass de Bilan vum Streckeradar tëscht Gonne reng an dem Waldhaff, zënter dësen operationell ass?

#### Réponse (12/07/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Dës Streckeradare ginn nëmmen an den Tunnelle Stafelter, Grouft a Gousselerbiert installéiert.

Deemno kënn kee Radar an den Tunnel beim Krounebiert zu Miersch.

ad 2. Déi dräi genannte Streckeradare si virausgesichtlech bis Enn dës Joers installéiert.

ad 3. De Käschtepunkt vun dësen dräi Streckeradaren inklusiv Infrastrukturaarbechten an den Tunnelle beleeft sech op ronn 1,7 Milliounen Euro.

ad 4. Sait 2015 goufen an den Tunneln op der A7 (Tunnel Stafelter, Grouft, Gousselerbiert a Miersch) insgesamt 115 Accidenter enregistreiert:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)*).

ad 5. D'statistesch Donnéeë betreffend deene vun de Streckeradaren erfaasste Sanktiounen leien ausschliesslech der groussherzoglecher Police vir.

#### Vaccination contre la variole du singe | Question 6328 (10/06/2022) de M. Claude Wiseler (CSV)

Den 9. Juni huet d'Ständige Impfkommision (STIKO) an Däitschland eng Recommendatioun erausginn, dat bestëmmte Risikogruppen a Leit, déi mat enger nowieslech infizierter Persoun enke Kontakt haten, sech solle mam Poukevaccin Imvanex géint d'Afepouken impfe loosse. An dësem Kontext géing ech gär folgend Drénglechkeetsfro un d'Madamme Gesondheitsministesch stellen:

– Ass zu Lëtzebuerg bei den Afepouken geplangt, eng Impfpflicht ze maachen, respektiv ass de Conseil supérieur des maladies infectieuses schonns gefrot ginn, fir en Avis iwwer dës Fro ofzeginn? Wa jo, u wat fir Persounen wäert sech dës Impfpflicht richte?

– Ass genuch Vaccin disponibel, am Fall, wou et zu enger Recommendatioun kënn?

– Wéi vill Dose gi fir eng Grondimmuniséierung gebraucht?

– Ass zu Lëtzebuerg schonn e Fall vun Afepouken detektiéiert ginn?

#### Réponse (22/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

De Gesondheitsministère confirméiert, dass rezent en éischte Fall vun Afepouken zu Lëtzebuerg diagnostizéiert gouf.

De Ministère huet natierlech keen direkten Zougrëff op medezinesch Donnéeën vum Patient, wéi dës dem Secret médical ënnerleien an nëmmen de Medeziner aus der Gesondheitsdirektioun bekannt sinn, a soumat selbsterständlech net public gemaach kënnen ginn.

D'Gesondheitsdirektioun huet och de Contacttracing vum Fall ganz duerchgefuert.

D'Modifikatioun vum Règlement grand-ducal iwwert d'ustiechend Krankheete gouf den 3. Juni 2022 publizéiert, nodeem et en urgence vum Regierungsrat ugeholl gi war, an ass de 7. Juni 2022 a Kraaft getrueden.

De Conseil supérieur des maladies infectieuses (CSMI) huet sech den 21. Juni 2022 gesinn, fir iwwert eventuell zousätzlech Recommendatiounen ze diskutéieren a wäert dës, falls néideg, kuerzfristeg publizéieren.

Wéi d'EU-Kommissioun de 14. Juni 2022 ugekënnegt huet, huet sinn 110.000 Dosen Impfstoff bestallt. Dovu si bis zu 2.500 Dose virgesi fir Lëtzebuerg. D'Liwwerung fir Europa soll nach virun Enn vum Mount sinn, e genauen Datum gëtt et awer nach net. Fir eng Grondimmuniséierung ginn zwou Dose gebraucht. Et ass sech ze erwaarden, dass de CSMI, wéi an anere Länner och, fir een zimmlech restriktiven Asaz vun dësem Impfstoff ausschwatze wäert.

Och fir den Tecovirimat ass eng europäesch Bestellung an der Preparatioun, mir hunn do awer nach keng Präzisiounen wat déi genau Quantitéit oder Liwwerfrist ugeet. Lëtzebuerg huet awer emol eng 100 komplett Traitementen virgesinn, wat och misst duergoen, wann een dovun ausheet, dass esou en Traitement nëmmen ugewannt géif gi bei Leit mat engem ganz groussen Risk fir schwéier Komplikatiounen.

#### Bureau de POST Luxembourg à Echternach | Question 6329 (10/06/2022) de Mme Carole Hartmann (DP)

Il me revient que POST prévoirait de fermer le distributeur de billets automatique de son bureau à Echternach.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie :

– Monsieur le Ministre peut-il confirmer cette fermeture ? Dans l'affirmative, quelles en sont les raisons ? Endéans quels délais cette fermeture aura-t-elle lieu ?

– Le bureau de la poste reste-t-il néanmoins ouvert ? Combien de personnes sont employées dans ce bureau de la poste ? Combien de clients y passent par jour/semaine/mois ?

– Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis que de telles décisions ont un effet négatif sur la vie sociale et sur le futur économique de tout un village qui vit en partie du commerce local ?

#### Réponse (12/07/2022) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

Le bureau de poste à Echternach restera ouvert. Au premier trimestre de l'année 2022, il a enregistré 240 visites par jour en moyenne. L'effectif au bureau est adapté en fonction des besoins.

POST Finance confirme néanmoins la suppression du distributeur de billets en question au 1<sup>er</sup> juillet 2022 et indique que la raison principale de cette mise hors service est le risque élevé d'attaque à l'explosif sur ce distributeur étant donné son accessibilité 24 heures sur 24 et ses caractéristiques techniques.

POST signale que ses clients ne subissent toutefois aucun préjudice suite à la suppression de ce distributeur de billets. En effet, deux distributeurs de billets alternatifs se situent à moins de 100 m de celui mis hors service par POST et POST Finance offre la gratuité illimitée des retraits sur tous les distributeurs de toutes les banques au Luxembourg et en Europe à ses clients.

#### Protection des animaux dans les entreprises agroalimentaires | Question 6330 (10/06/2022) de M. Marc Goerges (Piraten)

D'Dièreschutzorganisatioun Amiavi ASBL bericht an engem Post vum 27. Mee 2022 op de soziale Medien dovunner, dass rezent ee Bauerenhaff zougemaach gouf, wou Déiere jorelaang ënner onwierdege Bedingungen hu misse liewen. D'Fotoe weisen knaschteg

Fudderstellen an ofgemagert Déieren. D'Awunner vun dësem Duerf hu sech jorelaang fir d'Schléissung vun dësem Bauerebetrieb agesat, deen trotz dësen Ëmstänn weiderhi Mëllech u Molkereie geliwwert huet.

D'Associatioun informéiert, dass dës Liewensbedingungen am Bauerehaff den Autoritéiten (Police a Veterinärsinspektioun?) zënter sechs Joer bekannt waren, bis d'Justiz viru Kuerzem hei de Betrib zougemaach huet. Et ass onerklärlech, dass et trotz manifeste Mëssstänn esoulaang huet missen daueren, bis d'Autoritéiten de Bauerehaff zougemaach hunn.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir Landwirtschaft dës Froe stellen:

1. Firwat huet d'Schléissung vun dësem Bauerehaff sechs Joer gedauert?
2. Wéi vill Betriber sinn aktuell an der Prozedur, fir zougemaach ze ginn?
3. Wéi gesäit d'Prozedur aus, wann ee Baueren- oder Zichterbetrib d'Déierewuel net méi garantéiere kann?
4. Wéi eng Kompetenzen huet d'Veterinärsinspektioun, fir an esou Fäll direkt den Déiere kënnen ze hëllefen?
5. Wéi vill Kontrolle vu Bauerehaff goufe vun der Veterinärsinspektioun an de vergaangene véier Joer gemaach?

Wéi vill Verstéiss goufen an deem Zäitraum géint d'Déiereschutzgesetz festgestallt?

6. Wéi eng Opfaangstrukturen existéieren hei am Land oder am noen Ausland fir Déieren, déi vun engem Bauerehaff oder enger Zichtererei beschlagnaamt ginn? Falls keng existéieren, wou wier et opportuun d'är ze hunn?

**Réponse** (01/07/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. an 2. Am Fall vu Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz sinn eng Rei vu Prozeduren virgesinn, déi agehale mussen ginn. Den Déierenhalter kritt als éischt d'Méiglechkeet, déi festgestallte Problemer an engem festgeluechten Zäitraum ze behiemen.

Ee weidere Schrëtt besteet doranner, administrativ Mesuren ze ergreifen, géint déi ee Recours virum Verwaltungsgericht méiglech ass. A leschter Instanz gëtt den Dossier un déi juristesche Autoritéit weidergeleet.

De Bien-être animal ass och ee wichtegt Element vun der Konditionalitéit vun de Bähëllef. Dowéinst ginn d'Verstéiss dem Service d'économie rurale matgedeelt. Am Kader vun enger Procédure administrative non contentieuse kënnen dem Déierenhalter prozentual zu der Gravitéit vum Verstouss d'Flächeprimme gekierzt ginn.

ad 3. Aktuell gëtt et kee Betrib hei zu Lëtzebuerg an esou enger Prozedur.

ad 4. Am Déiereschutzgesetz ass nieft enger administrativer och eng juristesche Prozedur virgesinn, woubäi fir d'lescht d'Gerichter zoustänneg sinn. Wann am Kader vun der administrativer Prozedur engem Déierenhalter d'Garde vu sengen Déieren entzu gëtt, mussen déi Déieren dem Gesetz no enger „personne physique ou morale“ uvertraut ginn, déi d'Déiere logéiert a sech ëm si këmmert. Dës Charge kann och vun enger Déiereschutzorganisatioun iwwerholl ginn.

ad 5. An deene leschte véier Joer goufe 457 Kontrollen op Betriber gemaach. Dozou zielen d'Routinekontrollen op de Betriber wéi och d'Nokontrollen op deenen, wou een oder méi Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz festgestallt goufen. Déi lescht genannte Betriber ginn deemno méi oft am Joer kontrolléiert.

Déi 457 Kontrolle goufen op 203 Betriber gemaach, dobäi goufe 70 Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz bei 39 Betriber festgestallt.

Bei de Verstéiss gëtt et verschidde Kategorien, woubäi déi eng méi ee groussen Impakt op de Bien-être animal hunn an als méi schwéier ugesi gi wéi Verstéiss, déi kee sou een direkten Afloss op d'Wuelbefanne vun den Déieren hunn, wéi z. B. ee Feeler am Medikamentebuch oder Fiches vétérinaires, déi feelen. Déi genannte 70 Verstéiss aus deene leschte véier Joer regroupéieren all déi Kategorien.

ad 6. Zu Lëtzebuerg gëtt et keng Opfaangstrukturen, fir Déieren ze logéieren, déi beschlagnaamt goufen. D'Ennerbréngung gëtt jee no Bedarf a Fall organiséiert.

Esou eng Opfaangstruktur permanent oprecht ze halen ass en zimmlech groussen Opwand, well déi Struktur ëmmer fir den Noutfall pretstoe muss, d. h. d'Infrastrukturen an d'Equipementer mussen an der Rei gehale ginn, dat néidegt Fudder muss disponibel si grad wéi d'Personal, fir dat Ganzt ze geréieren, wann Déiere bis opgeholl ginn.

**Bretelle d'accès à l'autoroute A13 près de Schengen** | Question 6331 (10/06/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

D'Autobunnsopfaart bei Schengen fir op d'A13 stellt verschidden Transport- a Logistikfirme virun eng brenzeleg Situatioun. Esou kéinten, laut Ministère, verschidde Camionen dës Opfaart net notzen, well se duerch hiert d'Gewicht keng Mindestgeschwindigkeit fir op d'Autobunn géifen erreechen. Mengen Informatiounen no wieren dës Camionen awer capabel, fir déi ugefuert Vitesse ze erreechen, missten heibäi awer bis déi nächst Opfaart duerch sëllegen Dierfer oder bis an Däitschland fueren, fir dann do op d'Autobunn ze kommen.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, dass verschidden Transport- a Logistikfirme verbuede kruten, fir d'Opfaart Schengen ze benotzen? Wa jo, firwat?
2. Wéi vill Camionen, schätzt de Minister, si vun dësem Verbuet betraff a mussen doduerch Ëmweeër duerch d'Land oder an d'Ausland fueren?
3. Säit Dezember 2021 ass op der A13 de Streck radar aktiv.

Ass de Minister der Meenung, dass d'Geschwindigkeitbegrenzung, déi duerch de Radar entsteet, wouduerch d'Vitesse tëscht den opfuere Gefierer an deenen, déi schonn op der Autobunn sinn, an dës Fro een neie Moment duerstellt?

**Réponse** (19/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Allgemeng ass et fir Gefierer, déi Gidder transportéieren a méi wéi 3,5 t weien, net erlaabt, d'Autobunnsopfaart bei Schengen vun der N10 op d'A13 a Richtung Péiteng ze huelen. Dës Verbuet duerch déi entspreche Signalisatioun (C,3e entspreche dem Code de la route an ergänzt duerch dat zoulässegt Gewicht op der Silhouette vum Gefier) gëllt fir jiddereen an net nëmme fir spezifesch Transport- a Logistikfirmen.

ad 2. Et leie mir keng Zuelen oder Schätzunge fir, déi dës Critère (Camionen, déi vun der Signalisatioun betraff sinn) entsprechen.

ad 3. Déi maximal zoulässegt Geschwindigkeit vun 90 km/h an der Approche vum Tunnel Markusbiert am

am Tunnel selwer ass net réischt duerch d'Installatioun vum Streck radar entstanen, mee besteet scho säit der Ouverture vum Tunnel am Joer 2003 a stellt deemno keen neie Moment duer.

**Structures dédiées à l'accueil d'enfants et de jeunes en situation de détresse** | Question 6335 (13/06/2022) de **M. Yves Cruchten** (LSAP)

La loi du 10 mars 2021 relative la construction d'infrastructures d'accueil pour enfants et jeunes à Pétange prévoit un investissement à hauteur d'un maximum de 100 millions d'euros. Il s'agit d'un projet d'envergure répondant à un actuel grand besoin en la matière, tant en ce qui concerne l'accueil de longue durée d'enfants et de jeunes que l'accueil dans des situations d'urgence. Dans ce cadre, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

- 1) Combien de places sont actuellement disponibles dans des structures dédiées à l'accueil d'enfants et de jeunes en situation de détresse ? Combien de places permettent aujourd'hui un accueil d'urgence pour enfants et jeunes en situation de détresse ?
- 2) L'offre est-elle suffisante ou y a-t-il une liste d'attente ? Combien d'enfants et de jeunes sont actuellement placés dans des structures à l'étranger ?
- 3) Où en sont les travaux concernant la construction des nouvelles infrastructures à Pétange ?
- 4) Quelle est la procédure pour des enfants ou des jeunes devant quitter leur foyer de manière urgente ? Où sont-ils accueillis actuellement ?
- 5) Quels sont les projets actuellement en cours qui ont pour but l'amélioration de l'accueil de ces enfants et de ces jeunes ?

**Réponse commune** (22/07/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) Au dernier recensement (1<sup>er</sup> octobre 2021), le dispositif de l'aide à l'enfance et à la famille comptait 1.299 places d'accueil de jour et de nuit, dont 40 réservées à l'accueil en urgence. Ces 1.299 places comprennent les places en centre d'accueil au Luxembourg et à l'étranger, ainsi que celles en familles d'accueil.

Pour garantir la disponibilité en cas d'urgence absolue, l'Office national de l'enfance, ONE, dispose de cinq « lits d'urgence » auxquels il peut recourir immédiatement en cas de besoin. Ces places ne sont pas calculées dans les 1.299 places du dispositif.

ad 2) L'ONE gère et évalue les demandes d'accueil pour enfants et jeunes en situation de détresse et l'offre dans les structures. Actuellement, 76 demandes sont en cours de traitement (par rapport aux 43 places disponibles.)

Dans le cas d'une urgence absolue, le bénéficiaire est placé immédiatement et ne passe pas par la liste d'attente.

113 enfants ou jeunes sont actuellement placés dans des structures à l'étranger. Ces bénéficiaires ont en grande partie besoin d'une prise en charge spécifique, intensive, non existante au Luxembourg. L'indication pour une mesure d'accueil à l'étranger se fait sur base d'une décision judiciaire ou bien sur base d'une évaluation par l'Office national de l'enfance.

ad 3) Les travaux de viabilisation du site Batty Weber, qui recevra les nouvelles infrastructures à Pétange, ont



débuté comme prévu au début de l'année et seront terminés cet été. Les travaux de gros œuvre relatifs aux premiers bâtiments ainsi qu'au parking souterrain ont commencé au mois de mai 2022. Les travaux de gros œuvre des autres bâtiments vont débiter prévisiblement en automne 2022.

ad 4) Les enfants ou jeunes qui doivent quitter leur foyer de manière urgente sont accueillis par une structure d'urgence. Actuellement, il existe cinq centres d'accueil dits « AUSC » (accueil urgent en situation de crise psychosociale aiguë) qui accueillent les enfants et jeunes placés pour une période maximale de trois mois. Dans ces structures spécialisées, leur projet est réévalué, voire clarifié. Dans certaines situations, il se peut que l'enfant ou jeune puisse réintégrer le milieu familial, dans d'autres un accueil à long terme peut être envisagé en institution ou éventuellement en famille d'accueil.

ad 5) Pour améliorer l'accueil des enfants et des jeunes en détresse, le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse a récemment déposé le projet de loi 7994 portant aide, soutien et protection aux mineurs, aux jeunes adultes et aux familles. Ce projet de loi prévoit des dispositifs visant à responsabiliser et à soutenir les parents biologiques des enfants et des jeunes qui sont placés, notamment au moyen du partage de l'exercice de l'autorité parentale entre les parents biologiques et le prestataire.

Ainsi, les parents biologiques restent impliqués dans la vie de leur enfant et peuvent participer activement à sa prise en charge. De cette manière, un système complexe de support est mis en place autour de l'enfant ou du jeune en détresse.

Le projet de loi 7994 favorise aussi l'activité de famille d'accueil en créant une base légale plus cohérente pour les familles d'accueil. L'introduction de plusieurs statuts d'accueillants vise à diversifier l'offre de la prise en charge. Ces changements devraient engendrer une augmentation du nombre d'accueillants, ce qui permettrait de placer un plus grand nombre de bénéficiaires dans un contexte familial ; contexte qui assure une plus grande stabilité à long terme et un encadrement plus intensif et plus adapté aux besoins des bénéficiaires.

Dans le même esprit, le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse encourage la création de petits centres d'accueil qui accueillent un maximum de quatre bénéficiaires. En effet, les petits centres d'accueil permettent aux enfants et aux jeunes de vivre dans un cadre plus familial et plus calme.

Le cadre de référence de l'aide à l'enfance et à la famille, présenté en novembre 2021, constitue une mesure supplémentaire pour améliorer la prise en charge des enfants et des jeunes placés. Ce document forme la base de la démarche qualité introduite par le projet de loi 7994. Il contient les standards de qualité assurant une prise en charge participative, de haute qualité et basée sur les droits de l'enfant.

#### **Bruit routier le long de l'A3 | Question 6336** (13/06/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Op der A3 ginn den Ament vill Aarbechten duerchgefouert. Dowéinst, a well et sech ëm eng héich frequentéiert Verkéiersachs handelt, ass d'A3 eng grouss Kaméidissource. Am Kader vum Plan d'action contre le bruit environnemental gi verschidde „mesures anti-bruit“ virgesinn, fir Bierger a Biergerinne virun den negative Folge vum Kaméidi ze schützen. Am Kader vum Ausbau vun der A3 ginn zur Prävention a Reduktioun vum Stroossekaméidi sougenannt

„écrans acoustiques“ op der Héicht vun de Lokalitéite Beetebuerg, Peppeng, Léiweng, Bierchem a Béiweng ubruecht.

Zu Léiweng goufe mir awer elo vu verschiddene Bierger a Biergerinnen dorop opmierksam gemaach, dass opgrond vun der Proximitéit vun der Sortie zu de Wunnhauser d'Belaaschtung vum Kaméidi immens staark wier. Op dëser Sortie wier keng Lärmschutzmauer ubruecht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir ëffentlech Aarbechten dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gefierer ginn deeglech ronderëm d'Sortie Livange gezielt?
2. Opgrond vu wéi enge Krittere gëtt decidéiert, dass d'Lärmschutzmaueren eng adequat Moosnam zur Prävention a Reduktioun vum Stroossekaméidi duerstellen?
3. Bei wéi ville vun de genannte Lokalitéite sinn och d'Sortie mat Lärmschutzmaueren equipéiert?
4. Gëtt och virgesinn, d'Sortie zu Léiweng mat Lärmschutzmaueren auszustatten?  
Falls nee, wousou net?

#### **Réponse** (19/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Um permanenten an automatesche Verkéierszähler N° 1410 zu Beetebuerg op der Autobunn A3 si vu Januar bis Abrëll 2022 am Duerchschnitt 55.969 Autoen an 10.679 Camionen, also am Ganze 66.648 Gefierer pro Dag, gezielt ginn.

ad 2. Bei all gréisserem Projet ginn akustesche Etüde gemaach, déi der Prävention a Reduktioun vum Stroossekaméidi zeguttkommen.

Betreffend der konkreter Methodologie an de Messuren, déi am Kader vum Ausbau vun der A3 ergraff ginn, sinn am „Exposé des motifs“ vum Gesetzesprojekt (N° 7144) bezüglech der „mise à 2 x 3 voies de l'autoroute A3“ beschriwwen.

ad 3. Op der Héicht vun de Lokalitéite Beetebuerg, Peppeng, Léiweng, Bierchem a Béiweng gëtt et nëmmen eng Sortie, den Echangeur vu Léiweng.

Op dëser Plaz ass spéider och virgesinn, den Echangeur säitens Léiweng mat Schallschutzmaueren ze equipéieren.

#### **Sécurité dans le nouveau stade de football | Question 6339** (14/06/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Nom Match géint d'Tierkei, den 11. Juni 2022, ass et zu ville Kritikke komm, wat d'Sécherheet am a ronderëm de Stadion ugeet. Et war eng ganz hëtzeg Atmosphär, mat enger ganzer Partie Tëscheffäll, déi fir vill Diskussiounen suergen. Ee grouss Kritikpunkt vun den Zuschauer, déi op der Plaz waren, war, dass d'Supporter vun deenen zwou Equippen net getrennt waren, sou wéi dat am Ausland bei esou Matcher üblich ass, fir Provokatiounen a Gewalt ze verhënneren.

An deem Zesummenhang hunn ech follgend Froen un de Policeminister:

1. Wéi eng Roll spillt d'Police bei esou Matcher?
2. A wéi enge Fäll gräift d'Police bannent dem Stadion an?
3. Wéi stinn déi Verantwortlech zu enger Trennung vun de Supporter bei Risikomatcher, wéi dat am Ausland de Fall ass?
4. Wat fir verschidden Astufunge gëtt et fir Risikomatcher? Ween decidéiert dat?

5. Wéi war de Match géint d'Tierkei agestuift? Wat waren d'Grënn dofir?

#### **Réponse** (01/07/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. D'Roll vun der Police bei all Fussballmatch ass et, de generellen Ordre public an d'Sécherheet vun de Leit ausserhalb vum Stadion ze garantéieren. Hei fir waren extra Sécherheets- a Verkéiersdispositiiven en place gesat.

ad 2. D'Police gräift nëmmen dann am Stadion an, wann et zu Strofdeote respektiv Ausschreidunge kënn, zum Beispill eng Massekläpperei ënnert de Supporteren oder Gebrauch vu Waffen, an dann, wann den Organisateur d'Police kontaktéiert, fir am Stadion ze intervenéieren. D'Responsabilitéit vun der Sécherheet an dem gudden Verlaf am Stadion ënnert dem Organisateur.

D'Police gouf zu kengem Moment vum Organisateur kontaktéiert, fir während dem genannte Match am Stadion ze intervenéieren.

ad 3. D'Police ënnertstëtzt eng Trennung vu Supporter bei Risikomatcher. Dëst ass awer net méiglech ëmzesetzen, wann den Ticketsverkauf esou ass, dass souwuel Spectateuren, déi zu Lëtzebuerg wunnen, wéi och Spectateuren, déi am Ausland wunnen, hir Tickete fir e Match online kafe kënnen.

ad 4. Ee Fussballmatch gëtt entweder als „Risk-Match“ oder „No-Risk-Match“ vun der Police aklasséiert, baséierend op den Informatiounen, déi d'Police am Virfeld huet. Et gëtt dann en adequate Sécherheetsdispositiv ronderëm de Stadion en place gesat.

ad 5. D'Risikoaschätzung vun engem Match säitens der Police ass eng aner, wéi déi säitens der UEFA/FLF. D'Police analyséiert opgrond vun den disponibelen Informatiounen, ob et Problemer par rapport zum Ordre public kéinte ginn. Dëst war bei dësem Match net de Fall.

#### **Classification de la commune de Parc Hosingen en tant que centre de développement et d'attraction régional | Question 6341** (14/06/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Virun zéng Joer hunn déi fréier Gemengen Housen, Konstern an Houschent fusionéiert. Déi nei Gemeng Parc Housen huet sech gutt entwéckelt an zielt méttlerweil bal 4.000 Awunner.

Leider huet de Programme directeur de l'aménagement du territoire net virgesinn, fir Housen als regionalen Zentrum auszuweisen.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Landesplanung follgend Froe stellen:

- Aus wat fir enge Grënn ass Housen net als regionalen Zentrum ausgewise ginn?
- Misst d'Gemeng Parc Housen dës Roll net awer an Zukunft erfëllen, zomol wann een hir strategesch Lag un der N7 am Éislek a Betruecht zitt?
- Ass den Här Minister bereet, fir de Programme directeur an deem Sënn ze iwwerschaffen?
- Wa jo, bis wéini kéint dëst spëtstens geschitt sinn?

#### **Réponse** (12/07/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Aménagement du territoire

Wéi den honorabelen Deputéierten a senger Introduktioun schreift, huet sech d'Gemeng Parc Housen an de leschte Jore gutt entwéckelt, net eleng duerch d'Fusioun vun de fréiere Gemengen Housen, Konstern an Houschent. Virun allem den Haaptuert Housen huet vu senger Situatioun un der N7 profitéiert an huet

mëttlerweil eng héich Zentralitéit fir bal 1.200 Awunner. Déi aner 2.800 Awunner vun der Gemeng sinn op eng Dose kleng Dierfer verdeelt.

Landesplaneresch ass et wichteg, datt de Wuesstem sech innerhalb vun den Haaptlokalitéite konzentréiert, fir esou eng „masse critique“ ze schafen, déi et erlaabt, de lokale Commerce, Services an Equipementen ze erhalten, respektiv ze entwéckelen. D'Konzentratioun vun der Entwécklung erméiglecht och eng besser Accessibilitéit mam ëffentlechen Transport respektiv eng zousätzlech Fërderung vun der Mobilité active (ze Fouss, mam Vélo, ...).

De System vun de CDAen (Centre de développement et d'attraction), deen am neie PDAT (Programme directeur d'aménagement du territoire) proposéiert gëtt, baséiert sech op de PDAT vun 2003. Den Ursprung vum System vun de CDAe fënnt ee schon am PDAT vun 1978.

De PDAT gesäit véier CDAe fir den Norde vir – Wolz, Klierf, Veianen an d'Nordstad –, déi solle weider gestärkt ginn. D'Ausweisung vun engem zousätzleche CDA an deem Deel vum Land géif an deem Sënn d'Positioun vun de besteende CDAe schwächen.

Den neie PDAT gëtt sech als weider Zil, d'Buedemversiegelung am ganze Land progressiv ze reduzéieren an de Wuesstem op déi aktuell besteend CDAen an Haaptagglomeratiounen ze konzentréieren. Eng nei Planungskultur ass dofir noutwenneg – verstärkt Multifunktionalitéit, Emplange vu schonns versigelte Flächen asw. Dëst Zil ass am Aklank mat den ambitiëse klimateschen, energieateschen an ëmweltschützlereschen Objektiv, déi d'Lëtzebuerger Regierung sech ginn huet.

An deem Sënn ass net ugeduecht, der Gemeng Parc Housen oder der Lokalitéit Housen am Kader vum neie Programme directeur d'aménagement du territoire de Statut vu regionalem Zentrum ze ginn.

#### Vaccination contre la pneumonie | Question 6342 (14/06/2022) de M. Marc Spautz (CSV)

De Conseil supérieur des maladies infectieuses recommandéier zanter Juli 2015, datt Leit tëschent 65 a 85 Joer an och Risikopatienten sech solle géint d'Longenentzündung impfe loossen. Laut engem Accord vum August 2018 tëschent der Regierung an der Caisse nationale de santé ginn d'Käschte vum Vaccin an deem Fall zu 100 Prozent vun der CNS iwwerholl. An deem Kontext géng ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir sozial Sécherheet stellen:

– Envisagéiert d'Regierung en Eropsetze vun der Altersgrenz, esou datt och Leit, déi méi al si wéi 85 Joer, de Vaccin vun der CNS rembourséiert kréien?

– Firwat gëllt d'Recommandatioun, fir sech géint d'Longenentzündung impfen ze loossen, nëmme bis zum Alter vu 85 Joer?

**Réponse commune** (22/06/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

D'Alterslimit fir d'Prise en charge vun der Impfung géint d'Pneumocoque baséiert op der Empfehlung vum Conseil supérieur des maladies infectieuses (CSMI). Am Avis vum CSMI (Juli 2015) ass d'Alterslimit vu 85 Joer esou motivéiert: « Adultes de plus de 65 ans : en l'absence de données d'efficacité chez les personnes âgées de plus de 85 ans, l'indication de la vaccination chez ces personnes repose sur les facteurs de risque individuels. »

Fir eng méi détailléiert Erklärung géife mir den honorabelen Deputéierten op d'Äntwert vun der Regierung vum 25. Februar 2021 op d'parlamentaresch Ufro N° 3526 vun der honorabelen Deputéiert Carole Hartmann verweisen.

Zousätzlech dozou kann d'Regierung d'Informatioun ginn, dass de CSMI effektiv dobäi ass d'Empfeelungen iwwert d'Impfung géint d'Pneumocoquen ze iwwerschaafen, och am Kontext vun neien, méi breet opgestallten Impfstoffen, déi elo um Maart sinn. An deem Kader wäert och d'Altersgrenz vun der Impfung diskutéiert ginn, baséierend op de leschte medezinneschen a wëssenschaftleche Kenntniser. Et gëtt domat gerechent, dass déi nei Recommendation virun der Hierscht-Wintersaison 2022 erauskommen.

D'Conventioun zwëschen dem Staat an der Gesondheitskeess vun 2018 gesäit vir, dass bei neie Recommendationen vum CSMI dës och a puncto Remboursement iwwerholl ginn.

#### Reconnaissance de maladies professionnelles | Question 6343 (14/06/2022) de Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)

Sur base des chiffres publiés dans les rapports annuels de l'Association d'assurance accident (AAA), il s'élève que le nombre de maladies professionnelles reconnu a été en baisse entre les années 2011 et 2019. Cette tendance s'est inversée en 2020 avec la reconnaissance de la Sars-Covid-19 comme maladie professionnelle dont les cas reconnus représentaient à eux seuls plus de deux tiers du total des maladies professionnelles reconnus pour l'année 2020. Si pourtant on excluait les cas Covid-19 des statistiques de l'AAA, l'année 2020 marquerait le niveau le plus bas en ce qui concerne la reconnaissance de maladies professionnelles.

Le taux de reconnaissance est susceptible d'évoluer en fonction des maladies professionnelles qui figurent effectivement dans le tableau des maladies professionnelles de l'AAA. Un tableau complet et actualisé régulièrement favoriserait un niveau de reconnaissance plus élevé, tandis qu'un tableau incomplet et daté impliquerait que les salariés malades devraient faire leur demande en « système ouvert » et établir eux-mêmes la preuve d'un lien de causalité avec les conditions de travail.

Partant je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Sécurité sociale :

1) Quelle a été l'évolution en matière de maladies professionnelles en ce qui concerne les cas déclarés et les cas reconnus entre 2011 et 2021 ?

2) Quelles sont les maladies et branches professionnelles les plus concernées ?

3) Quelle a été la part de la Sars-Covid-19 parmi les cas déclarés et les cas reconnus pour les années 2020 et 2021 ?

4) Dans quels secteurs professionnels les cas de reconnaissance de la Covid-19 comme maladie professionnelle ont été les plus élevés ?

5) Quelle a été l'évolution entre 2011 et 2021 du nombre de salariés qui ont pu bénéficier d'une indemnisation par l'assurance accident d'une maladie professionnelle non inscrite dans ledit tableau ?

6) À quand date la dernière réunion de la Commission supérieure des maladies professionnelles, chargée de faire des modifications de la liste des maladies professionnelles ? Combien de fois cette commission s'est-elle réunie entre 2007 et 2022 ?

7) Au vu de la question précédente et en faisant abstraction de la reconnaissance comme maladie professionnelle de la Covid-19, à quand date la dernière actualisation de la liste des maladies professionnelles ? Quelles maladies professionnelles ont ainsi été ajoutées à la liste des maladies professionnelles depuis 2007 ?

**Réponse** (01/07/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

ad 1) Le tableau ci-dessous reprend, par année, le nombre de maladies professionnelles (en abrégé : MP) qui ont été déclarées et, parmi celles-ci, le nombre de maladies professionnelles reconnues.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 2) Le tableau ci-dessous reprend les six maladies professionnelles les plus courantes en termes de nombre absolu.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Le tableau ci-dessous reprend les six professions les plus concernées en termes de nombre absolu.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 3) Le tableau ci-dessous reprend le nombre de cas déclarés et reconnus en 2020 et 2021 en lien avec le coronavirus Sars-CoV-2 (Covid-19).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 4) Les professions du secteur de la santé et des soins sont les professions qui sont les plus représentées au niveau des cas déclarés et reconnus en ce qui concerne le coronavirus Sars-CoV-2, tel qu'il ressort du tableau ci-après.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 5) Le tableau ci-dessous reprend, par année, le nombre de cas dans lesquels une maladie professionnelle a été reconnue alors qu'elle ne figurait pas dans le tableau des maladies professionnelles

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 6) La dernière réunion de la Commission supérieure des maladies professionnelles date du 13 mars 2014. La commission s'est réunie à cinq reprises entre 2007 et 2022.

ad 7) La dernière actualisation de la liste des maladies professionnelles date du 5 juillet 2016. Les six pathologies qui ont été ajoutées depuis 2007 sont :

– maladies du sang, du système hématopoïétique et du système lymphatique par le benzène

– gonarthrose provoquée par une activité agenouillée ou par une charge comparable sur le genou après une durée d'exposition cumulée pendant la vie active d'au moins 13.000 heures et une durée minimale d'exposition d'une heure par poste de travail et ayant nécessité l'abandon de toutes activités qui ont été ou qui peuvent être en relation causale avec l'origine, l'aggravation ou la réapparition de la maladie

– cancer du poumon provoqué par le dioxyde de silicium cristallin (SiO<sub>2</sub>) en association avec une silicose ou silico-tuberculose établie

– cancer du poumon provoqué par les hydrocarbures aromatiques polycycliques lorsque l'effet d'une dose cumulative d'au moins 100 années-benzo[a]pyrène [( $\mu\text{g}/\text{m}^3$ ) x années] est établi

– cancer du poumon provoqué par l'interaction de la poussière d'amiant et des hydrocarbures aromatiques



polycycliques lorsque l'effet d'une dose cumulative susceptible de causer la maladie avec une probabilité d'au moins 50 % d'après le tableau 1 annexé au tableau des maladies professionnelles est établi

– fibrose pulmonaire provoquée par une exposition extrême et prolongée à des fumées et gaz de soudage (sidérobiose).

**Personnel enseignant de la formation professionnelle** | Question 6344 (14/06/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6074 geet den Här Minister op eng Rei Modalitéiten vum Léierpersonal aus der Berufsausbildung an.

Dozou géif ech dem Här Schoulminister gär dës No-froen stellen:

1. An der Äntwert op déi éischt Fro schreift den Här Minister ënner anerem dat hei: „D'Cellule de compétence pour la conception curriculaire de la formation professionnelle (an der Suite „Cellule“) gouf 2017 an d'Liewe geruff, fir d'Actualitéit vun de Beruffsprofiler an der Berufsausbildung ze iwwerpräiwen an eventuell Adaptatiounen ze recommandéieren.“ Kann den Här Minister preziséieren, wéi sech d'Kompetenze vun der genannter Cellule vun deene vun de „groupes curriculaires“ ënnerscheeden an op wéi eng Manéier déi zwou Instanze koordinéiert ginn?

2. Weider schreift den Här Minister iwwert d'Aarbecht vun der Cellule de compétence: „D'Aarbechte vun der Cellule kënnen wéi geplangt duerchgefouert ginn a vun deene ronn 30 ofgeschlossenen Analyse goufe schon eng ganz Rei Adaptatiounsvirschléi ëmgesat. Och huet dës Analys dozou gefouert, e Qualitéitsprong bei de curriculären Dokumenter ze maachen.“ Kann den Här Minister elaboréieren, ëm wéi eng Adaptatiounen et sech hei konkret handelt a preziséieren, op wéi enger Basis, z. B. enger Begleitétude, dee genannte „Qualitéitsprong“ dokumentéiert gouf?

3. An der Äntwert op déi zweet Fro zitéiert den Här Minister den Artikel 5 vum modifizéierte Gesetz iwwert d'Berufsausbildung, fir d'Zesummesetzung vum Comité à la formation professionnelle ze dokumentéieren. Kann den Här Minister preziséieren, ob d'Vertrieder vun de Beruffskummere physisch an deem Gremium vertruede sinn oder just als Usprichpartner fir hir jee-weileg Institutioun?

4. An der gemeinsamen Äntwert op d'Froen 3, 4 a 5 zitéiert den Här Minister aus dem Gesetz iwwert d'Remuneratioun am effentlechen Dëngscht vun 2015 an dem Ännerungsgesetz vun 2018 ënner anerem dat hei: « a) Au paragraphe 1<sup>er</sup>, les termes “scientifique et” sont supprimés.

b) Au paragraphe 2, l'alinéa 1<sup>er</sup> est remplacé comme suit: “Pour être classé à un emploi de l'un des sous-groupes visés aux points a), b), c) ou e) du paragraphe 1<sup>er</sup>, l'employé doit être détenteur soit du diplôme luxembourgeois de fin d'études secondaires classiques, soit du diplôme luxembourgeois de fin d'études secondaires générales, soit d'un brevet de maîtrise, soit présenter un certificat sanctionnant des études reconnues équivalentes.”

c) (...)

d) Le paragraphe 4 est abrogé. »

Am Gesetz vun 2005 iwwert d'Fixéierung vum Kader vum Léierpersonal aus dem Beräich vum Secondaire ass ënnert dem Artikel 4 awer dat hei ze liesen:

« 4. Dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe enseignement secondaire et sous-groupe à attributions particulières, les

maîtres d'enseignement et les formateurs d'adultes en enseignement pratique doivent :

a) soit être détenteurs d'un brevet de maîtrise luxembourgeois en lien avec la spécialité requise, soit être détenteurs d'un brevet de maîtrise étranger en lien avec la spécialité requise, reconnu équivalent par le ministre. Des règlements grand-ducaux peuvent instituer des examens spéciaux sanctionnant la qualification des postulants à la fonction de maître d'enseignement dont la spécialité professionnelle ne comporte pas de brevet de maîtrise ;

b) soit être détenteurs d'un brevet de technicien supérieur luxembourgeois en lien avec la spécialité requise, soit être détenteurs d'un brevet de technicien supérieur étranger en lien avec la spécialité requise, inscrit au registre des diplômes prévu par la loi modifiée du 17 juin 1963 ayant pour objet de protéger les titres d'enseignement supérieur ;

c) soit être détenteurs d'un brevet de technicien supérieur spécialisé luxembourgeois en lien avec la spécialité requise, soit être détenteurs d'un brevet de technicien supérieur spécialisé étranger en lien avec la spécialité requise, inscrit au registre des diplômes prévu par la loi modifiée du 17 juin 1963 ayant pour objet de protéger les titres d'enseignement supérieur ;

d) soit être détenteurs d'un diplôme étranger sanctionnant un cycle unique et complet d'au moins deux années d'études en lien avec la spécialité requise dans une école de niveau supérieur, inscrit au registre des diplômes prévu par la loi modifiée du 17 juin 1963 ayant pour objet de protéger les titres d'enseignement supérieur. »

Hei gétt op de BTS verweisen. Kann den Här Minister an allgemenge Wierder matdeelen, wéi dës Widder-sproch sech erkläert an ob un eng zäitno Gesetzes-ännerung geduecht ass, fir déi zwee legislativ Texter zueneen ze konforméieren?

5. Kann den Här Minister preziséieren, wéi déi Decisioun motivéiert ass, fir zu Lëtzebuerg kee Meeschter-bréif fir en „opérateur de la forêt et de l'environnement“ unzibidden?

6. An der Äntwert op déi 8. Fro schreift den Här Minister, datt hien d'Handwierkerkummer bei der Reorganisatioun vum Meeschterbréif mat „Manpower“ ënnerstëtzt. Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Leit hien hei zu wéi vill Stonne fräistellt?

**Réponse** (18/07/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. D'Cellule de compétence pour la conception curriculaire de la formation professionnelle (an der Suite „Cellule“) soll een externe Bléck op d'Formatioun werfen. D'Cellule funktionéiert deemno onofhängeg vun den Équipes curriculaires. Si analyséiert, ob d'curriculaire Dokumenter de Qualitéitscritèren entspriechen an ob d'Beruffsbild, respektiv déi ze erléierend Kompetenzen den aktuelle Gegebenheete vum Beruff entspriechen. Nodeems déi Analys ofgeschloss ass an der Cellule hire Rapport vum Groupe de pilotage vun der Berufsausbildung validéiert gouf, gétt de Rapport an der Équipe curriculaire presentéiert. D'Cellule schafft fir d'Équipe curriculaire dann och ee Cahier des charges aus, an deem hir Recommandatiounen an entspriechend Ännerungsvirschléi dokumentéiert sinn.

ad 2. D'Adaptatiounen, déi duerch der Cellule hir Analys gemaach goufen, betreffen ënner anerem d'curriculaire Dokumenter: Hei konnte Lacunen aus vergaangene Joren opgefëllt ginn, respektiv goufen ondäitlech Formulatiounen redresséiert an den internationale Standarden am Beräich

Kompetenzformuléierung ugepasst. Dës ass och dat, wat mat deem genannte Qualitéitsprong gemengt ass.

Aner Adaptatiounen, déi duerch der Cellule hir Aarbecht gemaach goufen, sinn ënner anerem d'Bäisetze respektiv d'Ewechloosse vun eenzelen Tächen an der Ausbildung, d'Schäerfe vu Beruffsprofiler als Folleg vun Ännerungen um Aarbechtsmarché, d'Redefinitioun vun eenzele Beruffsprofiler.

ad 3. Déi an de Comité à la formation professionnelle genannte Leit representéieren hir Institutioun am Comité, sief et physisch oder als Usprichpersoun am Fall vu Froen.

ad 4. Et ass esou, dass d'Fonction publique aner Critère applizéiert, fir an der B1-Carrière anzustellen. Esou geet et duer, fir an enger net enseignérender Funktioun ee Secondairesdiplom oder ee Meeschterbréif ze hunn, fir am B1 agestellt ze ginn. Bei enger Fonction enseignante ass dës anescht: Hei sinn de Meeschterbréif respektiv ee BTS zwéngend noutwenneg, fir kënnen als Maître d'enseignement respektiv als Formateur d'adultes ze schaffen.

Eng Gesetzesännerung ass am Moment net virgesinn.

ad 5. Dës Meeschterbréif existéiert am Moment net. De Prinzip wëllt, dass d'Chambre des métiers, op Demande vun de Federatiounen hin, beim Service de la formation professionnelle mellt, wann ee Besoin besteet, fir een neie Meeschterbréif auszeschaffen. Dat ass fir dee genannte Beruff bis elo net geschitt.

ad 6. Den Educationsministère ënnerstëtzt d'Chambre des métiers op zwee Weeër:

– Iwwer eng Participatioun un de Käschen (virun allem Personalkäsche fir eng ronn zéng Persounen), déi fir d'Ausschaffe vun de reforméierte Meeschterbréier ufalen;

– Iwwer ee konstante Suivi duerch d'Direktioun vun der Berufsausbildung.

**Nomination des consuls honoraires en Russie** | Question 6345 (14/06/2022) de **M. Laurent Mosar** (CSV)

Récemment reporter.lu a thématisé le sujet de la nomination des consuls honoraires en Russie. Dans ce contexte je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes.

1) Est-ce que le Gouvernement peut confirmer les faits soulevés dans l'article en question, plus précisément le fait que les noms de deux consuls honoraires, à savoir Alexei Mordachov et Viktor Rashnikov, se trouvent sur la liste des personnes sanctionnées par l'Union européenne ?

2) Est-ce que le Gouvernement peut confirmer que le consul honoraire Valery Gergiev a également été dispensé de ses fonctions ?

– Si oui, pour quelles raisons ?

3) Est-ce que le Gouvernement peut confirmer que Messieurs Vladimir Yevtushenkov et Roman Trotsenko exercent toujours la fonction de consul honoraire ?

– Si oui, est-ce que le Gouvernement peut confirmer que la Grande-Bretagne a listé Vladimir Yevtushenkov sur sa liste des personnes sanctionnées ?

4) Est-ce que le Gouvernement peut confirmer que le bureau du consul honoraire avec juridiction sur les régions de Novossibirsk et de Kemerovo, Roman Trotsenko, se trouve à l'Aéroport Novossibirsk et que Roman Trotsenko est le propriétaire de cet aéroport, qui est également utilisé par l'armée russe ?

5) Quelle est la procédure de nomination des consuls honoraires ?

6) Est-ce que ces dernières années cette procédure a toujours été respectée en Russie ?

7) Est-ce que selon cette procédure un consul honoraire doit obligatoirement résider dans la circonscription qu'il représente ?

8) Combien de consuls ont été nommés en Russie depuis 2014, date à laquelle les premières sanctions ont été mises en place ?

**Réponse** (13/07/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1) Oui.

ad 2) Oui, compte tenu de sa proximité avec le pouvoir en Russie.

ad 3) Oui.

– Oui.

ad 4) Le consulat honoraire ayant juridiction sur les régions de Novossibirsk et de Kemerovo est établi à l'Aéroport de Novossibirsk. Il avait été estimé que ce fut un bon endroit pour localiser ce dernier, à la fois à cause du soutien qu'il serait le cas échéant amené à offrir à des voyageurs luxembourgeois en détresse et de l'opportunité d'y promouvoir le Luxembourg comme destination touristique. L'Aéroport de Novossibirsk est en effet une plaque tournante importante en Russie pour les vols domestiques. Par ailleurs, cet aéroport a longuement été utilisé par Cargolux comme escale technique pour ses vols vers la Chine. À travers « AEON Corporation », dont il est l'actionnaire majoritaire, Monsieur Trotsenko est propriétaire et prestataire de services (handling, catering, parking, etc.) des terminaux civils de l'Aéroport de Novossibirsk.

Les pistes et autres infrastructures liées au mouvement en vol et au sol des aéronefs appartiennent à l'État russe. AEON Corporation n'a aucun lien opérationnel, économique ou autre avec la partie militaire de l'aéroport, dont la gestion est complètement séparée des opérations civiles.

ad 5) Les principales étapes de la procédure de nomination sont codifiées par la loi du 20 avril 1923 concernant la promulgation de règlements consulaires et l'introduction de certaines taxes à percevoir par les agents du corps consulaire, ainsi que par la Convention de Vienne sur les relations consulaires de 1963.

ad 6) La procédure de nomination a toujours été respectée en Russie. Elle est la même pour tous les pays où le Grand-Duché de Luxembourg nomme des consuls honoraires.

ad 7) La résidence dans la circonscription couverte par le mandat du consul honoraire ne constitue pas une condition d'accès à la fonction. Le consul honoraire doit par contre obligatoirement résider dans le pays dans lequel se trouve son consulat et ce dernier doit être établi dans la circonscription concernée.

ad 8) Monsieur Trotsenko est le seul consul honoraire nommé en Russie depuis 2014.

**Plaques d'immatriculation** | Question **6347** (14/06/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Um Site vun der SNCA (Société nationale de circulation automobile) ginn déi verschidde Formater vun Autos- a Motosplacken, déi zu Lëtzebuerg kënnen immatrikuléiert ginn, opgelésch. Fir déi Autosplacken, déi no 2003 ugefrot gi sinn, muss d'Konditioun erfëllt sinn, dass 5 Chifferen oder 2 Buschtawen a 4 Chifferen drop stinn. D'SNCA-Dokument präziséiert net, wéi mat deene Placken ëmgaange gëtt, déi net op der Lëscht stinn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Wéi eng Formater sinn haut nach am Ëmlaf, déi net Deel vun den haut nach immatrikuléierbaren SNCA-Placke sinn?

2. Wéi vill vun dëse Placke sinn aktuell nach am Ëmlaf?

3. Mengen Informatiounen no kënnen dës eeler Placken net méi op aner Autoen oder Motoen transferéiert ginn. Kann de Minister erklären, firwat dës de Fall ass, an ob et hei net méiglech wier, dës Placken awer nach am Ëmlaf ze halen?

**Réponse** (14/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Aktuell sinn alleguerten d'Formater vun Immatriculationsplacken, déi jee zu Lëtzebuerg autoriséiert goufen, nach am Ëmlaf. Esoulaang de Propriétaire vum Gefier seng Plack net ännert oder d'Gefier definitiv ofmellt, bleiwen och déi Placke gültig, déi ee Format hunn, dat net méi dem Règlement grand-ducal modifié du 26 janvier 2016 relatif à la réception et l'immatriculation des véhicules routiers entsprécht. Dës eeler Formater am Ëmlaf kënnen zesummegeat sinn aus: 2 Buschtawen an 3 Zuelen, 1 Buschtaf a 4 Zuelen, 3 Zuelen, an 2 Zuelen an 2 Buschtawe fir Cyclomoteurs, woubäi d'Gréissten och a Funktioun vun dëse Kombinatiounen ënnerschiddlech sinn.

Den Tableau ënnendrénger schlësst d'Unzuel vun den nach immatrikuléierte Placken (ugemellt oder temporär ofgemellt) an deenen eenzelen eelere Formater op:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Den Transfert vun enger Plack an engem eelere Format vun der Buschtawen-Zuele-Kombinatioun op een aner Gefier ass effektiv net méiglech. Esou gesäit den Artikel 16 vum uewe genannte groussherzogleche Règlement vir, dat fir all Gefier, dat entweder nei ugemellt gëtt, importéiert gëtt oder zu Lëtzebuerg de Propriétaire wiesselt, muss eng Nummer aus der „série courante“ (2 Buschtawen, 4 Zuelen) oder eng personaliséiert Nummer (2 Buschtawen, 4 Zuelen, respektiv 5 Zuelen oder 4 Zuelen) attribuéiert kréien. Bei de Cyclomoteurs muss eng 2-Buschtawen-2-Zuele-Kombinatioun benotzt ginn. Aner Kombinatiounen sinn net méi autoriséiert. Dës soll sécherstellen, dat no an no nëmmen nach déi gültig Formater am Ëmlaf bleiwen, déi och den europäeschen Dimensiounen entsprechen.

Zousätzlech kënn derbäi, dat een Transfert vu Placken, virun allem vun engem Propriétaire op een aneren, ëmmer de Risiko mat sech bréngt, dat mat dësen eelere Placken oder och den neie Placken, bei deene verschidde Buschtawen- an Zuelekombinatiounen deelweis staark nogefrot sinn, och Handel bedriwwen gëtt.

**Rapatriement familial** | Question **6349** (15/06/2022) de **M. Paul Galles** (CSV)

Laut Medieberichte huet d'Immigrationsverwaltung beim Rapatriement familial d'Prozedur geännert. D'Demandé fir d'Familljenzesummefféierung géifen net méi direkt zu Lëtzebuerg traitéiert ginn. Si missten elo iwwer eng Internetsäit vun engem privaten Anbieter an der Belsch gemaach ginn. Doduerch kéim et zu Problemer. An deem Kontext géif ech gär follgend Froen un den Här Ausseminister a Minister fir d'Immigratioun stellen:

– Huet d'Prozedur vun der Familljenzesummefféierung vu Flüchtlinge rezent geännert?

• Wa jo, wéini a firwat?

• Gëtt et eng legal Basis fir déi nei Prozedur?

– Ginn et technesch Problemer mam neie System?

• Wa jo, kënn et doduerch zu Retarde beim Opschaffe vun den Demanden?

• Besteet doduerch net de Risiko, dat Delaien net kënnen agehale ginn an eenzel Flüchtlingen doduerch benodelegt ginn?

– Gëllen déi nei Reegele fir all d'Flüchtlingen, onofhängeg vun hirer Nationalitéit, respektiv vum Land, aus deem se kommen?

**Réponse** (13/07/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes, Ministre de l'Immigration et de l'Asile

Et ass unzemierken, dass all Demande fir eng Familljenzesummefféierung vu Persounen bei der Direction de l'immigration vum Ausseministère muss agereecht ginn an dass si als eenzeg kompetent ass, fir esou Demanden ze traitéieren.

Säit dem 4. Abrëll 2022 ass just eng Etapp an der Prozedur dobäi komm, fir eng éischt Iwwerprüfung vum Bestoe vun enger Familljerelatioun ze maachen. Dës Etapp leeft iwwer eng extern Firma, do wou d'Belsch eis an de concernéierte Länner vertrieeden. Dës Prozedur, déi fir all Visademande fir d'Belsch obligatoresch ass, ass agefouert ginn, well et ëmmer méi zu Irregularitéiten am Kontext vu Familljenzesummefféierung vu Persounen aus Eritrea komm ass. Deemno ass eng Analys sur place onëmgänglech ginn. Duerch dës Uppassung un déi belsch Prozedur soll och evitéiert ginn, dass et an dësen Dossieren zu Problemer beim Ausstelle vun de Visae fir an de Grand-Duché duerch déi belsch konsularesch Autoritéite kéint kommen.

Laut dem Artikel 73 Paragraphe 2 vum ofgeännerten Immigrationsgesetz vum 29. August 2008 kann de Minister oder en diplomateschen oder konsulareschen Posten, deen de Grand-Duché am Ausland vertritt, Interviewen oder aner Ënnersichungen an Enquête maachen, déi néideg sinn, fir eng Familljerelatioun feststellen.

Dës Prozedur applizéiert sech op Familljenzesummefféierung mat enger eritreeescher Persoun, déi eng international Protektioun zu Lëtzebuerg huet. Eng änlech Prozedur gëtt et awer scho säit 2018 fir Familljenzesummefféierung mat Persounen aus Guinea oder dem Senegal.

Zu direkten technesch Problemer ass et net komm. Allerdéngs goufen et am Ufank Onkloerheeten iwwer verschidde prozedural Ofleef, an dofir sinn d'Informatiounen, wéi d'Prozedur genau geet, an déi un d'Demandeuren an hir Affekote ginn, nach eng Kéier kompletéiert ginn, fir all potentiell Schwierigkeeten aus dem Wee ze raumen. Dokumenter, déi onméiglech wieren ze kréien, ginn an deem Kontext net gefrot. Et gouf och nach eng Kéier bei de belschen Autoritéite präziséiert, wéi eng Dokumenter fir Lëtzebuerg noutweneg sinn.

Den Delai vum Artikel 69(3) vum Immigrationsgesetz leeft vun deem Moment un, wou d'Demande fir eng Familljenzesummefféierung bei der Direction de l'immigration ukomm ass.

**Propositions du FMI concernant le marché immobilier** | Question **6354** (15/06/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

An engem Artikel vum 100,7 „Logement: IWF mécht Lëtzebuerg konkret Proposen“ vum 12. Juni 2022 gi verschidde Mesuren thematiséiert, déi den Internationale Währungsfond Lëtzebuerg virschléit.



Niewent luewende Wierder mécht den IMF Country Report Nr. 22/152 och op verschidden Ëmstänn opmierksam, déi en als déficitaire ugesäit. Nohuelbedarf géif et zum Beispill a Saache Logement ginn. Sou faasst den Artikel vum 100,7 de Rapport vum Internationale Wärfungsfong esou zesummen, dass de Wunnengsmarché zu Lëtzebuerg als „Oligopol u Konstruktionsfirmen a Landbesëtzer“ beschriwwé kéint ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Wunnengsbau dës Fro stellen:

1. Deelt de Minister d'Aschätzung vum Internationale Wärfungsfong, deem de Logementmarché zu Lëtzebuerg als „Oligopol“ betruecht?

– Falls jo, empfënnt de Minister dëst als zefriddestellend oder gedenkt de Minister, géint dësen Zoustand virzegoen, fir dass sech méi Ubiddere um Wunnengsmarché erëmfannen? Falls jo, mat wat fir konkrete Mesuren?

– Falls nee, wisou net?

2. Am „Bausecteur wieren d'Paien zu Lëtzebuerg net héich genuch, fir Aarbechter aus der Grenzregioun heihin ze lackelen“. Gesäit de Minister hei och d'Gefor vum engem Kompetitivitéitsverloscht fir Lëtzebuerg, ganz besonnesch an dësem Sektuer?

– Falls jo, wéi gedenkt de Minister, fir hei déi néideg Impulser ze setzen? Wéi steet de Minister zu engem steierlechen Ureiz, fir Aarbechterinnen an Aarbechter aus dem Bausecteur méi einfach ze logéieren?

3. „D'Employéë beim Staat a bei de Gemenge verdéngen engersäits gutt, anerersäits wëlle si natierlech och no bei hirer Aarbecht wunnen. Dat suert fir méi ee groussen Drock op d'Demande no Wunnraum“, faasst den 100,7 d'Nott vum Internationale Wärfungsfong zesummen. Deelt de Minister dësen Avis?

**Réponse** (19/07/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre du Logement

ad 1. Dem Internationale Wärfungsfong seng Analys schwätzt just am Kontext vum Landbesëtzer zu Lëtzebuerg vum engem „oligopolistic land ownership market“. Dëst betrëfft awer net de Logementmarché vum existente Wunnengen, mee nëmmen Terrain fir den Neibau, deem awer just e relativ geréngen Deel vum gesamte Wunnengsmaat duerstelt. D'Situatioun vum Besëtzer vum de Baulandreserven zu Lëtzebuerg huet de Ministère ausféierlech an ënnerschiddlechen Notte vum Observatoire de l'habitat thematiséiert. Dës Notte louchen och der Ekip vum Internationale Wärfungsfong vir, wou si hir Analyse gemaach hunn iwwert de Wunnengsmaat.

ad 2. Den Internationale Wärfungsfong werft d'Fro op no der Kompetitivitéit vum den Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg am Kontext vum der Präisdeierecht am Allgemengen. Dobäi gouf awer d'Kompetitivitéit net op d'Wunnengspräisser reduzéiert. Dëst ass effektiv a méi engem breede Kontext ze analyséieren, esou wéi dat den Observatoire de la compétitivité och mécht.

Wat d'Fro no zousätzleche steierlechen Ureizer ugeet, wier als éischt op de Rapport vum Wärfungsfong selwer ze verweisen, dee recommandéiert, den Drock vum der Demande ze reduzéieren, andeem den erwaarte Return-on-Invest duerch Steiermoossname reduzéiert gëtt. Den Internationale Wärfungsfong gesäit zousätzleche steierlech Ureizer an der aktueller Situatioun also kritesch. Ënnerschiddlech Analysen, déi mer zu Lëtzebuerg selwer gemaach hunn, féieren dozou, dass ech dës Positioun deelen.<sup>3</sup>

ad 3. Et ass evident, dass d'Liquiditéit vum der Nofro e groussen Impact op d'Präisentwicklung huet. Dat ass

weeder begrenzt op d'Employéë beim Staat oder bei de Gemengen, nach op d'Thema Wunnen.

## Propositions du FMI concernant la fonction publique | Question 6358 (15/06/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

An engem Artikel vum 100,7 „Logement: IWF mécht Lëtzebuerg konkret Proposen“ vum 12. Juni 2022 gi verschide Mesuren thematiséiert, déi den Internationale Wärfungsfong Lëtzebuerg virschléit.

Niewent luewende Wierder mécht de Country Report Nr. 22/152 och op verschidden Ëmstänn opmierksam, déi en als déficitaire ugesäit. Nohuelbedarf géif et a Saache Logement, am effentlechen Dénsgscht ewéi och an der Steierreform vum 2017 ginn. Sou faasst den Artikel vum 100,7 de Rapport vum Internationale Wärfungsfong esou zesummen, dass am effentlechen Dénsgscht just nach Leit agestellt sollte ginn, fir „déi néideg Plazen ze besetzen“. Des Weideren heescht et beim 100,7: „D'Employéë beim Staat a bei de Gemenge verdéngen engersäits gutt, anerersäits wëlle si natierlech och no bei hirer Aarbecht wunnen. Dat suert fir méi ee groussen Drock op d'Demande no Wunnraum.“

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir effentlechen Dénsgscht dës Fro stellen:

1. Deelt de Minister d'Aschätzung, dass d'raimlech Konzentratioun vum de staatleche Servicer an déi raimelech Konzentratioun vum den Aarbechts- a Wunnp-lazen, déi sech doraus ergëtt, ënner anerem fir déi héich Demande um Wunnengsmarché responsabel ze maache sinn?

2. A wéi enge Gemenge befanne sech staatlech Servicer, Administratiounen an effentlech Aariichtungen? Wéi vill Leit si jee weils pro Gemeng an dës staatleche Servicer, Administratiounen an effentlechen Aariichtungen beschäftegt?

3. Kéint eng gewëssen Dezentralisatiouns- oder Dekonzentratiounspolitik vläicht hëllefen, fir eng besser raimelech Verdeelung vum de staatleche Stellen ze kréien, an op dësem Wee den Drock op verschidden Zonen – haaptsächlech am Ballungsraum vum der Stad Lëtzebuerg – ze erliichteren?

4. Falls eventuell nei staatlech Servicer an d'Liewe geruff sollte ginn, ass de Minister der Meenung, dass déi op Plaze komme sollten, déi manner zentral leien, awer trotzdem raumplaneresch nach Sënn maachen?

**Réponse commune** (14/07/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Aménagement du territoire | **M. Marc Hansen**, Ministre de la Fonction publique

ad 1. Déi héich Demande um Wunnengsmaat an déi doraus resultéierend Wunnengsdeierecht ginn op vill Ursachen zrëck, wouvunner déi raimelech Konzentratioun vum de staatleche Servicer a vu den Aarbechtsplazen virun allem an der Stad Lëtzebuerg sécherlech hir Roll spillen. Aus där Ursach gesäit de Programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT) zanter 1978 e „système des centres de développement et d'attraction, CDA“ an eng „armature urbaine“, also ee stätescht Grondgerüst vir.

Mam Zil, eng equilibréiert Entwécklung vum Lëtzebuurger Territoire ze fërderen a Bedierfnisser u Mobilitéit ze reduzéieren, identifiziéiert dëst Grondgerüst den iwwergeuerdent, internationalen Zentrum vum der Stad Lëtzebuerg, déi zwee Zentere vum nationaler Wichtigkeet – d'Nordstad an d'Agglomération Esch-Uelzecht – an eng ganz Rei aner regional Zentere. Dës Zentere si charakteriséiert duerch eng optimal Ubanung un den effentlechen Transport an zeeche sech duerch d'Ubiddere vum enger héijer Zuel u Funktiounen,

Geschäfte a Servicer aus. D'Stärkung vum dësen Zentere an engem gewësse Gläichgewicht tëschent Awunner an Aarbechtsplaze soll zu enger harmonescher Entwécklung vum ganze Land, déi de lokalen a regionale Spezifitéite Rechnung dréit, bäidroen an d'Noutwennegkeet vum individuelle motoriséierten Deplacement op e Minimum reduzéieren. An deem Sënn geet de Staat mam gudden Beispill vir an ënnerstëtzt déi betreffen Zentere finanziell an hirer Entwécklung, an andeems eng Rei staatlech Servicer ëmgësidelt goufen.

ad 2. Wann et ëm Administratiounen oder staatlech Servicer geet, si ganz vill vun dësen Administratiounen och an der Gemeng Lëtzebuerg doheem. Dat gëllt och fir Ministère, déi der Constitutioun no um Territoire vum der Stad Lëtzebuerg musse sinn. Et ginn awer och Administratiounen, déi net méi an der Stad Lëtzebuerg sinn a schonns dezentraliséiert gi sinn, notament d'Ëmweltverwaltung an d'Waasserwirtschaftsamt op Belval an d'Naturverwaltung zu Dikrech. Donieft ginn et dann awer och Administratiounen – wou d'Direktioun an der Stad ass – mat regionalen Antennen. Hei fale folgend Administratiounen a Servicer drënner: Administration du cadastre et de la topographie, Administration des douanes et accises, Administration pénitentiaire, Agence pour le développement de l'emploi, Administration des services techniques de l'agriculture, Caisse nationale de santé – d'Gesondheetskeess (CNS), Administration des contributions directes, Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA, Administration de la gestion de l'eau, Laboratoire national de santé, Administration des ponts et chaussées.

Déi Verwaltungen befannen sech a folgend Gemengen: Bettembourg, Clervaux, Colmar-Berg, Diekirch, Differdange, Dudelange, Echternach, Esch-sur-Alzette, Ettelbruck, Grevenmacher, Luxembourg, Mamer, Mersch, Mertert, Mondorf-les-Bains, Niederanven, Pétange, Redange-sur-Attert, Remich, Rummelange, Strassen, Wiltz.

Heibäi fällt op, dass et sech bei dësen Gemengen, bis op e puer Ausnamen, ëm Gemengen handelt, déi de Statut vum Centre de développement et d'attraction (CDA) hunn. Donieft ginn et dann och nach aner Servicer wéi zum Beispill d'Commissariats de police (a 44 Gemengen) zum Deel mat méi Büroen (e. a. Stad Lëtzebuerg, Esch-Uelzecht). Besonnesch am Beräich vum der Educatioun ginn et awer och regional an dezentral Aarbechtsplazen. D'Éducation fondamentale gëtt an deene meeschte Gemengen ugebueden. Fir den Enseignement secondaire ass d'Situatioun änlech wéi bei den Administratiounen: Bis op e puer Ausnamen befanne si sech an der Stad Lëtzebuerg, zu Esch/Uelzecht, an der Nordstad esouwéi an de regionale CDAen. Den Héichschoulberäich an d'Recherche konzentréiert sech virun allem op Esch-Uelzecht.

De Minister vum der Fonction publique huet keng Informatiounen doriwier, a wéi enge Gemenge sech staatlech Administratiounen, Servicer an effentlech Aariichtungen befannen. Doriwier eraus kann och net festgestallt ginn, wou genau d'Agenten schaffen. Zum Beispill gesi mir, dass ee Beamte bei der Educatioun, der Police oder der Steierverwaltung schafft, ma mir gesinn net, a wat fir enger Schoul, Commissariat oder Büro de Beamten affektéiert ass. Am Moment schaffen 33.263 Agenten beim Staat.

Zu Lëtzebuerg wunnen insgesamt 31.144 Agenten, dovunner an de fënnf gréisste Gemengen, Lëtzebuerg, Diddeleng, Esch/Alzette, Schëffleng an Déifferdeng 6.422 Beamten. An Däitschland wunnen 1.016, a Frankräich 644 an an der Belsch 459 Staatsbeamten.

ad 3. Aus landesplanerescher Sicht ass et ganz richtig, dass eng Dezentralisatiouns- oder

<sup>3</sup> Verweis op d'Note 32

PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L - 3208 BETTEMBOURG

Dekonzentrationspolitik den Drock um Ballungsraum vun der Stad Lëtzebuerg erlichtere géif. Net fir näischt gesäit de Programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT) zanter 2003 eng „politique de déconcentration concentrée“ am Zesummespill mat der Identifikatioun vu verschiddenen Entwécklungspoole vir. E komplizéiert Wuert fir een awer eigentlech einfache Prinzip: Dekonzentratioun vum Ballungsgebiet Stad Lëtzebuerg a Konzentratioun op spezifesch Entwécklungspoolen uechter d'Land, allem virop d'Nordstad an d'Agglomeratioun Esch-Uelzecht. Eng Rei Efforten an déi Richtung si gemaach ginn: d'Uni Lëtzebuerg, d'Ëmweltverwaltung an d'Waasserwirtschaftsamt sinn op Belval an d'Naturverwaltung op Dikrech geplënnert. D'Ëmsiedlung vu weidere staatleche Servicer/Déngschtleeschungen ass och geplangt.

ad 4. Am Sënn vun der uewe genannter „armature urbaine“ a vun der „politique de déconcentration concentrée“, esou wéi se am PDAT virgesi sinn – an am Joer 2003 vun der Regierung approuvéiert – sollen natierlech nei Servicer/Déngschtleeschungen op aner raumplaneresch sënnavoll Plaze kommen, allem virop d'Nordstad an d'Agglomeratioun Esch-Uelzecht.

**Centre d'intervention commun pour la police et le CGDIS entre Bascharage et Pétange** | Question 6362 (16/06/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Mengen Informatiounen no soll an der Rue de Linger op der Gemeengrenz tëschent Käerjeng a Péiteng ee gemeinsamen Zenter fir d'Police an de CGDIS entstoen. A menge parlamentaresche Froen N° 3404 an N° 5328 hat ech deemools schonn Informatiounen zu dësem Projet gefrot.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir bannenzeg Sécherheet an Interieur dës Fro stellen:

– Wäert esou ee Projet vun engem gemeinsamen Asazenter op dëser Plaz entstoen? Falls nee, firwat net a wou sollen d'Police an de CGDIS an Zukunft an dësse Gemengen ënnerkommen?

**Réponse commune** (18/07/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Wéi et an der parlamentarescher Fro N° 5328 schonn erwähnt ginn ass, gëtt den Dossier säitens dem Staat vum Comité d'acquisition vum Finanzministère traitéiert a säitens dem CGDIS vun deem sengem Verwaltungsrat. Wann dësse Projet sech net sollt konkretiséieren, gëtt weiderhin no alternative Léisunge gesicht.

**Sécurité dans le nouveau stade de football** | Question 6364 (16/06/2022) de **M. Sven Clement** | **M. Marc Goergen** (Piraten)

E Samschdeg, den 11. Juni 2022, huet eis Fussballnationalequipe vun den Häre an hirem Nationsleaguematch géint d'Tierkei gespillt. Dobäi ass de Sport selwer leider deem Owend des Ëfteren an den Hannergrond geréckelt. Fir d'Spectateuren aus verschiddenen neutralen Bléck stoung déi falsch Entrée um Ticket, soudass se sech hu misse bei den Auswärtsspectateuren ustellen, fir do am Endeffekt dann awer net eragelooss ze ginn. Während an nom Match konnten dann och vill Leit ongestéiert op den Terrain lafen, ouni vun der iwwerfuhrerter Securitëit gestéiert ze ginn, an et waren Auswärtsspectateuren am Heemblock.

An deem Zesummenhang wéilt mir de Ministere fir bannenzeg Sécherheet a Sport dës Fro stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass d'Sécherheitskonzept fir de Stade de Luxembourg den Uspréch gerecht gëtt?

2. Wéi eng konkret Mesurë wäerten an Zukunft geholl ginn, fir d'Sécherheet vun den Zuschauer a vun de Sportler am Stade de Luxembourg ze garantéieren?

**Réponse commune** (18/07/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | **M. Georges Engel**, Ministre des Sports

ad 1. an 2.

Et muss ënnerscheet ginn, ob et sech ëm d'Sécherheet bannen am Stadion oder ausserhalb dem Stadion handelt.

D'Konzept fir d'Sécherheet ausserhalb dem Stade de Luxembourg ze garantéieren, gëtt op eng Analys vun der Police baséiert. Ee Fussballmatch gëtt entweder als „Risk-Match“ oder „No-Risk-Match“ vun der Police aklasséiert, baséierend op den Informatiounen, déi d'Police am Virfeld huet. Et gëtt dann en adequate Sécherheitsdispositif ronderëm de Stadion en place gesat.

D'Police ass net zoustänneg fir d'Sécherheitskonzept bannen am Stadion.

Esou ewéi dat och am „Règlement d'ordre intérieur“ vum Stade de Luxembourg festgehalen ass, ënnerleien d'Responsabilitéit vun der Sécherheet, déi intern Organisatioun an de gudden Verlaf am Stadion dem Organisateur.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfille beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ  
PS/799



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-06

Nouvelles lois

p. 07-12

Séances publiques

p. 13-85

Questions au Gouvernement

p. 86-99

2021-2022

# N°16

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-06

Nouvelles lois ..... p. 07-12

Séances ..... p. 13-85

47<sup>e</sup> séance du mardi 26 avril 2022 ..... p. 13-46

48<sup>e</sup> séance du mercredi 27 avril 2022 ..... p. 46-85

Questions au Gouvernement ..... p. 86-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

**Contenu rédactionnel :**  
Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

**Impression :**  
Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

**Date d'impression :**  
15/12/2022

**Concept et layout :**  
brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





Visite officielle de la Vice-Présidente du Parlement ukrainien

## « L'armée ukrainienne défend non seulement son pays mais aussi la liberté de l'Europe »



La Vice-Présidente du Parlement d'Ukraine, Mme Olena Kondratiuk, a été accueillie par M. Yves Cruchten, Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile (à gauche) et M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés (à droite).

« Le Luxembourg continuera à soutenir l'Ukraine en temps de guerre et l'aidera par la suite dans la reconstruction du pays », a assuré le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, le 8 décembre 2022 lors de la visite officielle de la Vice-Présidente du Parlement ukrainien.

Mme Olena Kondratiuk a formulé trois revendications lors de l'échange de vues avec les membres du Bureau et de la Commission des Affaires étrangères

et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile : reconnaître la Russie en tant qu'État terroriste, reconnaître le « Holodomor » (la Grande famine) des années 1930 en Ukraine en tant que génocide et créer un tribunal ad hoc pour poursuivre les crimes russes perpétrés.

« Les parlements sont les premiers gardiens institutionnels de la démocratie, tant au niveau national qu'international », a souligné M. Etgen. Il a rappelé que la Chambre des Députés a adopté une résolution condamnant la guerre d'agression russe contre l'Ukraine. La Vice-Présidente de la Verkhovna Rada, le Parlement ukrainien, a remercié le Luxembourg pour son soutien.

L'Ukraine aurait déjà bénéficié à plusieurs niveaux de cette aide, que ce soit au niveau militaire ou humanitaire. Mme Kondratiuk déplore que la guerre en Ukraine ait engendré une catastrophe humanitaire.

Les attaques de la Russie auraient, selon elle, surtout endommagé les infrastructures civiles. Quelque 15 millions d'Ukrainiens auraient quitté le pays, dont environ 7,5 millions seraient jusqu'à présent retournés en Ukraine. Environ 4,5 millions d'Ukrainiens bénéficieraient actuellement de la protection internationale dans les États membres de l'Union européenne, a expliqué la Vice-Présidente. Le Luxembourg, de son côté, a accueilli plus de 5.000 réfugiés ukrainiens depuis le début de la guerre.

### La sécurité alimentaire mondiale en danger

Mme Kondratiuk a attiré l'attention des membres du Bureau et de la Commission des Affaires étrangères, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile sur le danger que la guerre en Ukraine engendre pour la sécurité alimentaire au niveau mondial. La Russie a bloqué les ports au sud de l'Ukraine de manière ciblée et vise non seulement à déstabiliser l'Ukraine mais aussi l'Europe entière, selon Mme Kondratiuk. La Vice-Présidente a par ailleurs souligné que « l'armée ukrainienne défend non seulement son pays mais aussi la liberté de l'Europe ».

### Les besoins actuels de l'Ukraine

Un député s'est intéressé aux besoins actuels de l'Ukraine. Il a rappelé que le Luxembourg n'est pas une grande puissance militaire mais a assuré que le pays fera tous les efforts nécessaires pour soutenir l'Ukraine. La Vice-Présidente de la Verkhovna Rada a confirmé que le besoin le plus urgent de l'Ukraine en ce moment serait les armes et munitions. Il serait ensuite primordial de protéger les infrastructures en Ukraine. Elle a par ailleurs expliqué qu'il serait d'une importance cruciale pour l'Ukraine que le pays puisse, dans le futur, utiliser les fonds russes gelés pour la reconstruction du pays.

La Vice-Présidente du Parlement ukrainien a également dit espérer pouvoir inviter une délégation parlementaire luxembourgeoise en Ukraine.



Les membres du Bureau et de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile ont pu s'échanger avec la délégation parlementaire ukrainienne.

## L'Administration parlementaire recrute :

un archiviste (m/f/d) pour les besoins du Service secrétariat général, archives et recherche scientifique, titulaire d'un diplôme de niveau master ou bachelor, sous le régime du salarié de droit privé

En cas d'intérêt, veuillez vous référer au lien suivant : <https://www.chd.lu/fr/node/1013>





Visite officielle de la Chambre des Députés en Lituanie

## « Nous devons rester unis et solidaires face à la situation en Ukraine »



© Seimas Lithuania

*Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, et la Présidente du Seimas, Mme Viktorija Čmilytė*

La guerre en Ukraine était au cœur des échanges entre les députés luxembourgeois et leurs interlocuteurs lituaniens lors de la visite officielle de la Chambre des Députés à Vilnius, capitale de la Lituanie, du 30 novembre au 2 décembre 2022. Le Président de la Chambre, M. Fernand Etgen, était accompagné de M. Jean-Paul Schaaf, Mme Cécile Hemmen, Mme Stéphanie Empain et M. Sven Clement. Ils ont rencontré à cette occasion plusieurs dignitaires lituaniens, dont la Présidente du Seimas (le Parlement de Lituanie), Mme Viktorija Čmilytė, et le Président de la République de Lituanie, M. Gitanas Nausėda.

En Lituanie, pays balte voisin de la Biélorussie, la situation en Ukraine est particulièrement présente dans le débat politique. M. Etgen a souligné que le message des Lituaniens, qui mettaient en garde contre les velléités russes et ce même avant le début de la guerre en Ukraine, avait été bien entendu et écouté par les représentants politiques luxembourgeois. Le Président de la Chambre des Députés a notamment fait référence à la résolution qui a été

adoptée par le Parlement luxembourgeois le 2 juin 2022 « condamnant fermement la guerre ».

La Présidente du Seimas a quant à elle insisté sur le fait qu'il était essentiel de « défendre l'architecture de défense que la Russie cherche à détruire ». Mme Čmilytė, qui a souligné que de nombreux représentants lituaniens se sont rendus à Kyïv, a affirmé dans ce contexte qu'elle n'avait aucun doute sur la volonté des Ukrainiens de continuer à assurer la défense de leur pays. Elle leur a cependant attribué une inquiétude : celle que les pays occidentaux soient atteints d'une forme de fatigue liée aux sacrifices que représente leur soutien à l'Ukraine, à savoir, le coût de la vie, la crise énergétique, etc. Il serait ainsi crucial, pour la Présidente du Seimas, « d'envoyer les bons signaux » et de maintenir les efforts de soutien à l'Ukraine. Ces signaux passeraient notamment par un soutien à la volonté de l'Ukraine d'adhérer à l'Union européenne, malgré la guerre en cours, ont affirmé les représentants lituaniens. Pour eux, l'adhésion de l'Ukraine à l'UE n'aurait ainsi « que des avantages économiques », et de souligner que « les Ukrainiens prennent très au sérieux les efforts à réaliser pour mener les réformes nécessaires pour rejoindre l'UE ». Une position partagée par le Président de la République de Lituanie, M. Gitanas Nausėda, lors de son échange avec les députés. Ce dernier a affirmé que pour lui, « l'avenir européen de l'Ukraine est essentiel ».

### La Biélorussie « est pleinement intégrée dans le plan russe »

Le rôle de la Biélorussie, voisine de la Lituanie, dans la crise ukrainienne a également été largement évoqué lors des échanges avec les représentants lituaniens. Pour eux, la Biélorussie serait un « pantin de la Russie » intégré dans la stratégie de guerre du Kremlin. Elle se servirait notamment de migrants qu'elle ferait entrer illégalement en Lituanie afin de « déstabiliser le pays ». Les députés luxembourgeois

ont voulu connaître l'avis de M. Nausėda sur le ressenti de la population biélorusse sur les événements. Le Président de la République de Lituanie a affirmé dans ce contexte qu'il pensait que la majorité des Biélorusses avait une position très critique sur ce conflit. Cela constitue selon lui la raison pour laquelle la Biélorussie ne peut pas intervenir directement et militairement dans le conflit, malgré l'alignement de Minsk sur la politique du Kremlin.

Sur une note plus légère, les interlocuteurs ukrainiens et luxembourgeois se sont félicités de la bonne collaboration entre les villes de Kaunas et d'Esch-sur-Alzette en tant que capitales européennes de la culture 2022 et ont célébré les 30 ans de la reprise des relations diplomatiques entre les deux pays suite à la sortie de la Lituanie du bloc soviétique.

### « Savoir combattre pour ne pas avoir à combattre »

Par la suite, les députés ont eu l'occasion de rencontrer les soldats luxembourgeois déployés en Lituanie au sein d'une mission de l'OTAN durant la seconde partie de leur visite officielle.

Le bataillon « Enhanced Forward Presence Battle-group Lithuania » compte en permanence quelque 1.500 soldats stationnés à Rukla en Lituanie. Parmi eux, six soldats appartiennent à l'armée luxembourgeoise et sont déployés au sein d'une force internationale comptant six nationalités, placée sous le commandement du Lieutenant-Colonel Marco Maulbecker de la Bundeswehr allemande.

Lors de l'échange avec les députés, ce dernier a présenté à la délégation la structure et les missions du bataillon et les forces que celui-ci peut déployer en termes d'hommes et de véhicules. La mission première du bataillon est de projeter de la force afin d'avoir un effet dissuasif, a affirmé le commandant. Selon ses mots, « kämpfen können um nicht kämpfen zu müssen » (savoir combattre pour ne pas avoir à com-



© Seimas Lithuania

*La délégation luxembourgeoise en présence de la Présidente du Seimas, Mme Viktorija Čmilytė (au milieu), et de l'ambassadeur luxembourgeois, M. Paul Schmit (2<sup>e</sup> à gauche)*





La délégation luxembourgeoise a été reçue par les soldats luxembourgeois déployés en Lituanie au sein d'une mission de l'OTAN.

battre). Cependant, si la mission dissuasive échoue, le bataillon est pleinement capable de répondre sur le terrain à des menaces stratégiques concrètes pour le territoire qu'il défend. À cet égard, a souligné le Lieutenant-Colonel, il ne s'agit pas d'une mission d'entraînement, mais bien d'un bataillon opérationnel.

Interrogé par les députés sur les forces et les faiblesses inhérentes au caractère international de la mission, le Lieutenant-Colonel Maulbecker a affirmé que la multinationnalité « nous rend forts car tout le monde est dans le même bateau » en cas d'agression. Cependant, elle entraîne aussi certaines contraintes

supplémentaires comme la nécessité de communiquer davantage en raison notamment des origines et des compétences linguistiques différentes des soldats. L'interopérabilité des équipements de communication entre les différentes armées a également été évoquée dans ce contexte.

Les députés ont ensuite été pris en charge par le Sergent Sami Bechamma de l'armée luxembourgeoise. Ce dernier et les autres soldats luxembourgeois leur ont présenté la mission ainsi que tout le matériel nécessaire à son exécution. La mission des soldats luxembourgeois est une mission logistique et d'approvisionnement. Ils doivent être prêts « à tout moment à transporter des soldats et du matériel » selon les besoins de la situation sur le terrain. Leurs compétences sont variées et incluent notamment des capacités médicales.

Les députés ont eu l'occasion de remercier les soldats pour leur service et ont noté au sujet de leur présence que le nombre de six soldats était trompeur : pour six soldats déployés sur le terrain en Lituanie, le même nombre se prépare à prendre le relais, la mission fonctionnant sur un principe de rotation.

## 68<sup>e</sup> session annuelle de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN (AP-OTAN)

# La prochaine session de l'AP-OTAN se tiendra au Luxembourg

Lors de la 68<sup>e</sup> session annuelle de l'AP-OTAN, qui s'est déroulée du 18 au 21 novembre 2022 à Madrid, la Présidente de la délégation luxembourgeoise, Mme Lydia Mutsch, a convié les participants à la prochaine réunion de printemps qui se tiendra à Luxembourg au mois de mai 2023.

Au cours de son intervention, Mme Mutsch a mis en évidence que le Luxembourg prend très au sérieux ses obligations qui découlent de son appartenance à l'Alliance atlantique. La députée a fait ressortir que le Luxembourg allait substantiellement renforcer son effort de défense, qui sera doublé d'ici 2028, et que le Gouvernement luxembourgeois allait investir dans des technologies de pointe au profit de l'Alliance.

La guerre en Ukraine était au cœur des débats et les membres de l'AP-OTAN ont pu s'échanger avec leurs homologues du Parlement ukrainien, la Verkhovna Rada, notamment lors de la réunion extraordinaire du Conseil interparlementaire Ukraine-OTAN (UNIC). Le Président ukrainien, M. Volodymyr Zelensky, s'est joint par visioconférence à la séance plénière le 21 novembre 2022. Il a remercié les délégations pour leur soutien face « au régime terroriste russe ».

Alors que la guerre met en évidence la nécessité de défendre les valeurs démocratiques de l'Alliance atlantique, celle-ci doit absolument continuer d'aider l'Ukraine à résister à l'agression russe, ont souligné les intervenants. M. Gerald Connolly, Président de l'AP-OTAN, a salué que plus de 280 parlementaires issus des 30 États membres de l'Alliance et des 21 pays partenaires présents ont « [...] renouvelé [leur] soutien inébranlable à l'Ukraine et au peuple ukrainien dans sa lutte ».

« Un tyran souhaite imposer ses principes à une démocratie libre, et des crimes de guerre sont en train d'être commis », a déclaré la cheffe de la délégation hôte, Mme Zaida Cantera. « Ne nous méprenons pas, ils ne bombardent pas des cibles militaires. Ils bombardent des habitations, des écoles, des hôpitaux,

des cliniques, des musées, des réserves d'eau et des centrales électriques dans le seul objectif de faire souffrir la population civile », a-t-elle ajouté.

S'adressant aux députés, M. Jens Stoltenberg, Secrétaire général de l'OTAN, a insisté que ce n'était pas le moment de retirer le soutien aux Ukrainiens et a mis en avant que « si nous laissons Poutine gagner, le prix dont nous tous devons nous acquitter sera bien plus élevé. Les régimes autoritaires du monde entier sauront qu'ils peuvent obtenir ce qu'ils veulent par la manière forte ». Il a ajouté que « si la Russie cesse

d'agresser l'Ukraine, nous aurons la paix. Si l'Ukraine cesse de se défendre, elle cessera d'exister ».

Hormis l'agression de la Russie, le Président de l'AP-OTAN a mis l'accent sur la création d'un Centre pour la résilience démocratique au siège de l'OTAN à Bruxelles. Il a affirmé que « nous ne pouvons pas nous contenter d'être une alliance militaire, nous sommes bien plus que cela, nous sommes une alliance militaire pour une raison bien précise : protéger et défendre la société démocratique ».



De gauche à droite : Mme Semiray Ahmedova, membre suppléante, M. Jean-Marie Halsdorf, membre suppléant, M. Gusty Graas, Vice-Président de la délégation, Mme Lydia Mutsch, Présidente de la délégation, Mme Nancy Arendt ép. Kemp, membre effective, M. Sven Clement, membre suppléant



Visite officielle du Président du Parlement géorgien

## « Décider maintenant si le monde de demain sera régi par la force ou par le droit »



*Les députés luxembourgeois ont accueilli leurs homologues géorgiens à l'Hôtel de la Chambre.*

« La Géorgie se sent liée à l'Europe de manière étroite et se définit en tant que contributeur à la culture européenne », a déclaré le Président du Parlement géorgien, M. Shalva Papuashvili, lors d'une entrevue avec des députés du Bureau et de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile le 7 décembre 2022.

Le Vice-Président de la Chambre des Députés, M. Mars Di Bartolomeo, qui a accueilli la délégation, a assuré au Président du Parlement géorgien que le Luxembourg dénonçait la violation de la souveraineté et de l'intégrité territoriale de l'Ukraine et de la Géorgie par la Russie. Les valeurs européennes dont la Géorgie ferait déjà preuve depuis un certain temps seraient perturbées par la guerre initiée par la Russie, a-t-il souligné.

Il a par ailleurs félicité la Géorgie pour tous les efforts qu'elle a déjà réalisés dans sa volonté d'adhérer à l'Union européenne (UE) et demandé à quel stade se

situait les travaux sur les critères d'adhésion que la Géorgie doit remplir pour faire avancer son dossier de candidature. Le Président du Parlement géorgien a confirmé que la mise en œuvre des douze recommandations dominait une bonne partie de l'agenda politique en Géorgie. En ce qui concerne la lutte contre la corruption, la Géorgie aurait, selon lui, fait plus de progrès que les autres pays candidats. Par ailleurs, des groupes de travail pour remédier à la polarisation politique auraient été organisés au sein du Parlement géorgien et montreraient déjà des résultats. Il a également insisté sur le fait que, malgré les divisions, la volonté d'adhérer à l'UE était un élément fédérateur en Géorgie.

**« Hors de l'UE et de l'OTAN, la Géorgie et la Moldavie sont vulnérables »**

M. Papuashvili a souligné que, parmi les pays qui ont déposé leur demande au cours de la même période, notamment la Moldavie et l'Ukraine, la Géorgie était

le seul ayant reçu cette recommandation relative à la polarisation. Le Président du Parlement géorgien a également attiré l'attention des députés luxembourgeois sur le fait que la Géorgie et la Moldavie ne bénéficient ni de la sécurité qu'assure une appartenance à l'OTAN, ni de celle qui est liée à la solidarité économique européenne, ce qui rendrait l'adhésion à l'UE d'autant plus importante pour la Géorgie. Quant à l'agression de la Russie contre l'Ukraine, le Président du Parlement géorgien a parlé d'un moment clé à l'occasion duquel il faudrait « décider si le monde de demain sera régi par la force ou par le droit ».

Une députée luxembourgeoise s'est intéressée aux perspectives des jeunes en Géorgie. Elle a notamment demandé si le risque de « brain drain », c'est-à-dire d'une fuite des cerveaux, existait dans le pays. Une représentante du Parlement géorgien a expliqué que la Géorgie poursuit une politique spécifique axée sur les jeunes afin de leur proposer des opportunités intéressantes dans le pays.

## Le Président de la Chambre des Députés a reçu...



... S. E. M. Vagif Sadiqov, Ambassadeur de la République d'Azerbaïdjan



... S. E. M. António Manuel Da Câmara Pestana De Noronha Gamito, Ambassadeur de la République portugaise (visite d'adieu)

## Emballages et déchets d'emballages

### 7654 – Projet de loi modifiant la loi du 21 mars 2017 relative aux emballages et aux déchets d'emballages

L'objet principal du projet de loi est de transposer en droit national la directive (UE) 2018/852 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2018 modifiant la directive 94/62/CE relative aux emballages et aux déchets d'emballages.

Il prévoit des mesures de prévention des déchets d'emballages, des objectifs de valorisation de et de recyclage, introduit la base légale pour la mise en place d'un système de consigne sur les emballages de boissons, renforce la responsabilité élargie des producteurs et augmente les sanctions applicables en cas de non-respect des dispositions prévues par la loi.

Les principales modifications apportées par le projet de loi sont les suivantes :

#### 1) Prévention de déchets d'emballages

Le projet de loi reprend certaines dispositions de la loi en vigueur et prévoit qu'à compter du 1<sup>er</sup> janvier 2025, certains produits à usage unique tels que les gobelets pour boissons et récipients pour aliments ainsi que les sacs ne peuvent plus être fournis gratuitement dans les points de vente de marchandises ou de produits. La taille, le mode de consommation et le matériel composant les produits concernés ne jouent pas de rôle dans ce contexte. Il est par ailleurs précisé que le consommateur qui renonce à l'emballage peut profiter d'une réduction du coût de l'emballage.

#### 2) Objectifs de valorisation et de recyclage

Le projet de loi introduit des objectifs minimaux de recyclage à l'horizon 2026 et 2031, ces objectifs devant être atteints par les responsables d'emballages. Le texte fixe par ailleurs les règles pour évaluer l'atteinte des objectifs.

#### 3) Consigne sur les emballages de boissons

Le texte crée une base légale qui permettra la mise en place d'un système de reprise national unique portant sur les emballages de boissons servant à la consommation humaine et qui sont mis sur le marché luxembourgeois. Il prévoit que le montant de la consigne se trouve entre 10 cents et 1 euro. Un règlement grand-ducal règlera la date et les modalités de mise en œuvre du système de consigne.

#### 4) Responsabilité élargie du producteur

Il est à noter que les dispositions générales au sujet de la responsabilité élargie des producteurs font partie du projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets. Celles-ci sont déclinées plus en détail par le présent projet de loi. Le projet de loi, ajoutant les notions de déchets d'emballages ménagers et non ménagers, prévoit des dispositions concernant la responsabilité élargie des producteurs des emballages ménagers réemployables pour lesquels il existe un système de reprise ainsi que des autres emballages ménagers et des emballages non ménagers.

#### 5) Sanctions pénales et amendes administratives

Au niveau des sanctions pénales, la durée maximale de la peine d'emprisonnement et le montant maximal de l'amende sont augmentés, à l'image d'autres législations environnementales récentes. Le montant maximal de l'amende administrative a également été augmenté.

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 25/08/2020  
Rapporteur : M. François Benoy

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire  
(Président : M. François Benoy) :

24/09/2020 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi

04/10/2021 Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État  
Adoption d'une série d'amendements parlementaires

07/02/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
Adoption d'une série d'amendements parlementaires

20/04/2022 Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État

22/04/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 27/04/2022

Loi du 9 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 270, page 1

## Incidence de certains produits en plastique sur l'environnement

### 7656 – Projet de loi relative à la réduction de l'incidence de certains produits en plastique sur l'environnement

L'objet du projet de loi relatif à la réduction de l'incidence de certains produits en plastique sur l'environnement est de transposer en droit national la directive (UE) 2019/904 relative à l'évaluation des incidences de certains produits en plastique sur l'environnement.

Le projet de loi interdit la mise sur le marché de certains produits en plastique à usage unique, prévoit des obligations de réduction incombant aux fabricants et met en place des exigences applicables aux produits et relatives au marquage des produits. Il renforce par ailleurs le régime de responsabilité élargie prévu dans le projet de loi relative aux déchets et introduit des sanctions applicables en cas de non-respect de la loi.

Le projet de loi prévoit notamment les éléments suivants :

#### 1) Interdiction de certains produits en plastique

Le projet de loi interdit la mise sur le marché de certains produits en plastique à usage unique (p. ex. bâtonnets de coton-tige, couverts, assiettes, pailles, récipients pour aliments ou boissons en polystyrène expansé). Il s'agit de produits pour lesquels il existe d'ores et déjà des solutions de remplacement peu coûteuses.

Il interdit par ailleurs la mise sur le marché de produits à base de plastique oxodégradable, étant donné que ce dernier cause plusieurs problèmes : il n'est pas compostable, ne se biodégrade pas de manière satisfaisante et contribue à la pollution de l'environnement par des microplastiques. Par ailleurs, ce plastique a un impact négatif sur le recyclage du plastique conventionnel.

Le projet de loi prévoit également que tout commerce de détail exposant à la vente des fruits et légumes frais est tenu de les exposer sans conditionnement composé pour tout ou partie de matière plastique. Cette obligation n'est pas applicable aux fruits et légumes conditionnés par lots de 1,5 kilogramme ou plus. Cette disposition vise à réduire les déchets d'emballages évitables, l'emballage, voire suremballage de fruits et de légumes devenant de plus en plus fréquent.

#### 2) Réduction de la consommation

Le projet de loi prévoit des obligations de réduction incombant aux fabricants, disposant que les producteurs de produits doivent prendre des mesures qui ont comme résultat la réduction mesurable de la consommation de certains produits en plastique à usage unique (gobelets pour boissons, récipients pour aliments). Le projet de loi vise une réduction d'au moins 20 % d'ici 2026 par rapport à 2022, suivie d'une réduction d'au moins 10 % chaque année de suite.

#### 3) Exigences applicables aux produits

Le texte introduit par ailleurs des exigences spécifiques auxquelles doivent répondre les récipients pour boissons en plastique. Les bouteilles en plastique à usage unique possédant des bouchons et couvercles en plastique ne peuvent être mises sur le marché que si leurs bouchons et couvercles restent attachés aux récipients. Le texte introduit par ailleurs des exigences au niveau de la composition et du caractère réutilisable et valorisable de bouteilles.

#### 4) Exigences de marquage

Afin de combattre l'élimination inappropriée de produits en plastique à usage unique, le projet de loi introduit des exigences au niveau du marquage. Le marquage doit informer les consommateurs des solutions de gestion des déchets, la présence de plastique dans le produit ainsi que les effets liés au dépôt sauvage du produit.

#### 5) Responsabilité élargie des producteurs

Il est à noter que les dispositions générales au sujet de la responsabilité élargie des producteurs font partie du projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets. Celles-ci sont renforcées davantage par le présent projet de loi. Le texte prévoit notamment le financement du nettoyage des routes et alentours et de l'élimination pour certains produits par les producteurs de ces produits. Cette obligation incombe par exemple aux producteurs de produits de tabac avec filtre voire aux producteurs de filtres. Il introduit également un objectif de réduction d'au moins 10 pour cent par rapport aux quantités rejetées au cours de l'année précédente qui doit être atteint par les producteurs de certains produits en plastique à usage unique.

Le projet de loi introduit en outre des dispositions concernant les mesures de sensibilisation, des mesures et amendes administratives ainsi que des sanctions pénales.

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 25/08/2020  
Rapporteur : M. François Benoy



Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

24/09/2020 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi

22/09/2021 Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État  
Adoption d'une série d'amendements parlementaires

07/02/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
Adoption d'une série d'amendements parlementaires

20/04/2022 Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État

22/04/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 27/04/2022

Loi du 9 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 269, page 1

## Institution d'un fonds pour la protection de l'environnement

### 7659 – Projet de loi modifiant :

**1° la loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets ;**

**2° la loi modifiée du 31 mai 1999 portant institution d'un fonds pour la protection de l'environnement**

Le projet de loi vise à modifier la loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets afin de transposer en droit national la directive (UE) 2018/851 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2018. Il met en place des mesures diverses requises par la directive précitée qui ont pour objectif d'inciter l'application de la hiérarchie des déchets.

#### 1) Prévention des déchets

Le projet de loi prévoit tout d'abord des mesures diverses pour éviter la production de certains types de déchets, avec l'objectif d'achever une réelle amélioration de la situation en matière de prévention des déchets et de développer une réelle économie circulaire.

Le projet de loi vise à réduire les déchets d'objets à usage unique par la réduction voire interdiction progressive de certains objets à usage unique en faveur de l'utilisation de solutions réutilisables dans divers secteurs.

Pour prévenir la dispersion des microplastiques dans notre environnement, le texte prévoit l'interdiction de la mise sur le marché de certains produits cosmétiques contenant des microplastiques ainsi que des mesures contre les microplastiques secondaires.

Il dispose par ailleurs que le dépôt et la distribution d'imprimés publicitaires à vocation commerciale dans les boîtes à lettres ne sont autorisés seulement avec l'accord du destinataire, et que le dépôt d'imprimés publicitaires sur les véhicules est interdit.

Pour combattre le gaspillage alimentaire, le projet de loi introduit une obligation pour les supermarchés d'une certaine envergure d'élaborer, de mettre en œuvre et de tenir à jour un plan de prévention des déchets alimentaires.

Au niveau de la prévention, le projet de loi attribue également une attention particulière à la réparation et au réemploi. Dans ce contexte, le projet de loi apporte des modifications par rapport aux centres de recyclage, qui seront désormais transformés en centres de ressources, la terminologie et l'organisation étant adaptées aux nouveaux objectifs de la loi. À côté des différentes fractions de déchets en vue de leur recyclage, les centres de ressources joueront un rôle plus important pour le réemploi des produits y remis. L'accès aux centres sera garanti à tout résident du Grand-Duché de Luxembourg, indépendamment de son lieu de résidence.

#### 2) Valorisation des déchets

Le texte introduit de nouvelles dispositions visant à favoriser davantage la préparation en vue de la réutilisation, du recyclage et de la valorisation, constituant les prochaines étapes dans la hiérarchie des déchets.

À cet égard, le projet de loi introduit une obligation pour la mise en place d'infrastructures de collecte séparée à différents niveaux. Premièrement, les établissements de vente au détail ayant une surface de vente de plus de 400 mètres carrés proposant en libre-service des produits alimentaires et de grande consommation seront tenus de se doter, après la sortie des caisses, d'un point de reprise par collecte séparée des déchets d'emballage issus des produits achetés dans cet établissement. Pour les supermarchés avec une surface au-delà de 1.500 mètres carrés, il est introduit une obligation de mettre en place des infrastructures pour la collecte séparée des différentes fractions de déchets.

Afin de garantir un recyclage de qualité élevée, le projet de loi introduit des nouveaux objectifs de préparation à la réutilisation et de recyclage des déchets municipaux d'ici 2023 (55 % en poids), 2030 (60 %), 2035 (65 %).

La mise en décharge de déchets municipaux et l'exportation de déchets municipaux à l'étranger en vue de leur mise en décharge sera complètement éliminée d'ici l'année 2030.

#### 3) Responsabilité élargie des producteurs

Le projet de loi renforce les dispositions ayant trait à la responsabilité élargie des producteurs, régime qui vise à assurer que les producteurs de produits prennent la responsabilité financière et/ou organisationnelle de la prévention, du réemploi et de la gestion de la phase « déchet » du cycle de vie d'un produit. Les producteurs de produits doivent assumer un rôle proactif dans l'atteinte des objectifs de la loi. Le but des modifications apportées aux dispositions est de rendre le régime plus cohérent et plus efficace. Il s'agit de l'article de base pour tous les régimes de responsabilité des producteurs, les différents régimes étant par la suite repris dans des lois spécifiques. De manière générale, les producteurs de produits doivent assumer les obligations découlant du régime. Le projet de loi prévoit néanmoins qu'un distributeur qui met sur le marché luxembourgeois des produits soumis à ce régime, doit assumer les responsabilités si le producteur de produits ne le fait pas. Il est à noter que le régime prévoit également une responsabilité élargie pour le commerce électronique (voire pour les interfaces électroniques qui facilitent la vente si les producteurs n'assument pas la responsabilité).

Le projet de loi renforce les conditions que doivent remplir les organismes spécifiques auxquels les producteurs peuvent déléguer leurs obligations. Les obligations auxquelles doivent satisfaire les organismes agréés sont développées davantage, et le régime prévu pour les systèmes individuels est également renforcé.

#### 4) Répartition des compétences en matière de gestion des déchets

Des modifications ont été apportées au niveau de la responsabilité en matière de gestion des déchets, ceci en vue d'achever une répartition cohérente et claire entre la responsabilité des communes et des acteurs du marché, afin d'accomplir une meilleure gestion des déchets. Dans ce contexte, la définition des déchets municipaux ménagers a été adaptée. Les communes ont l'obligation d'assurer la gestion des déchets municipaux ménagers. Les communes peuvent accepter dans la collecte, le transport, la valorisation et l'élimination des déchets municipaux non ménagers, et peuvent imposer une concertation avec les acteurs impliqués.

#### 5) Déchets inertes, déchets de construction et de déconstruction

Le projet de loi introduit plusieurs modifications au niveau de la gestion des déchets de construction, ceci afin de favoriser la prévention et la valorisation des déchets concernés. Désormais, le maître d'ouvrage devra obligatoirement mettre en place une collecte séparée des différentes fractions de déchets issus de chantiers de construction et de déconstruction. Il est par ailleurs prévu qu'au préalable de toute déconstruction d'un bâtiment d'une certaine envergure, un inventaire identifiant les différents matériaux utilisés dans l'ouvrage à déconstruire doit être établi. Similairement, le projet de loi prévoit que pour les constructions d'une certaine envergure, un registre informatique des différents matériaux utilisés avec indication de leur emplacement doit être établi par le maître d'ouvrage.

#### 6) Renforcement des peines et des amendes

À l'instar d'autres législations environnementales récentes, les peines sont revues à la hausse.

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 01/09/2020

Rapporteur : M. François Benoy

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

24/09/2020 Désignation d'un Rapporteur  
Présentation du projet de loi

20/09/2021 Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État  
22/09/2021 Continuation des travaux

Adoption d'une série d'amendements parlementaires  
07/02/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
Adoption d'une série d'amendements parlementaires

20/04/2022 Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État  
22/04/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 27/04/2022

Loi du 9 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 267, page 1

## Déchets de piles et d'accumulateurs

### 7699 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008

#### a) relative aux piles et accumulateurs ainsi qu'aux déchets de piles et d'accumulateurs

#### b) modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets

Le projet de loi a pour objet d'adapter les dispositions de la loi modifiée du 19 décembre 2008 a) relative aux piles et accumulateurs ainsi qu'aux déchets de piles et d'accumulateurs, et b) modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets à la législation en vigueur, et notamment aux modifications prévues dans le projet de loi n° 7659 relative aux déchets et dans le projet de loi n° 7701 concernant les déchets électriques et électroniques.

Le projet de loi introduit un nouvel objectif de collecte des déchets de piles et d'accumulateurs à l'horizon 2023, à savoir un taux minimal de collecte d'au moins 70 %.

Au sujet de l'article ayant trait aux exportations des déchets de piles et d'accumulateurs, selon lequel l'exportateur conserve des preuves tangibles que l'opération de recyclage hors de l'Union européenne s'est déroulée dans des conditions équivalentes aux exigences imposées, il est ajouté un alinéa qui dispose que les preuves doivent être conservées pendant trois ans au minimum.

Les mesures d'information de l'utilisateur prévues par la loi précitée sont complétées par une disposition prévoyant la mise en œuvre de campagnes de sensibilisation menées par les producteurs et les distributeurs en collaboration avec l'Administration de l'environnement.

Le projet de loi renforce par ailleurs les peines d'emprisonnement et l'amende, à l'instar des récentes lois environnementales. Il introduit également des amendes administratives, ceci à l'instar de ce qui est prévu par le projet de loi relative aux déchets électriques et électroniques, ainsi que la possibilité d'un recours en réformation.

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 10/11/2020

Rapporteur : M. François Benoy

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

27/10/2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

Adoption d'une série d'amendements parlementaires

07/02/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

22/04/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 27/04/2022

Loi du 9 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 271, page 1

## Déchets d'équipements électriques et électroniques

### 7701 – Projet de loi relative aux déchets d'équipements électriques et électroniques

Le projet de loi remplace par une loi le règlement grand-ducal modifié du 30 juillet 2013 relatif aux déchets d'équipements électriques et électroniques, lequel transpose la directive 2012/19/UE.

Le projet de loi transpose les dispositions ayant trait aux déchets d'équipements électriques et électroniques (DEEE) de la directive (UE) 2018/849 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2018 modifiant la directive 2000/53/CE relative aux véhicules hors d'usage, la directive 2006/66/CE relative aux piles et accumulateurs ainsi qu'aux déchets de piles et d'accumulateurs, et la directive 2012/19/UE relative aux déchets d'équipements électriques et électroniques.

De manière générale, le projet de loi renforce le cadre légal des DEEE, mettant un accent particulier sur le réemploi de l'équipement électrique et électronique (EEE), la préparation à la réutilisation des DEEE et l'information et la sensibilisation de l'utilisateur.

Il est inséré un nouvel article qui traite du réemploi. Afin de prévenir la production de DEEE, l'article dispose que la priorité doit être donnée au réemploi des équipements

électriques et électroniques (EEE). Il met en place des critères pour définir les EEE réemployables. Les producteurs de produits (voire les tiers agissant pour leur compte) ont la responsabilité d'organiser la réception, la collecte et le tri des EEE réemployables.

L'article précité dispose que les EEE collectés sont réintroduits dans les circuits économiques, y compris l'économie sociale et sont fournis avec une garantie d'une année. L'accès des acteurs économiques aux EEE doit être organisé par les producteurs de produits ou les tiers agissant dans leur nom.

La notion de préparation à la réutilisation est introduite à plusieurs endroits, notamment dans l'article concernant l'élimination et le transport des DEEE collectés ou encore l'article concernant le traitement approprié des DEEE, qui identifie la préparation à la réutilisation comme procédé préférentiel.

Plusieurs adaptations sont faites par rapport à la responsabilité incombant aux producteurs de produits.

Au niveau du financement de la collecte, du transport, de la préparation à la réutilisation, de la valorisation et de l'élimination respectueuse de l'environnement des DEEE provenant des ménages, le projet de loi dispose que le financement pour les produits mis sur le marché après le 13 août 2005 se fait par le biais d'un système collectif. Il en va de même pour la garantie que chaque producteur de produits doit fournir lorsqu'il met un produit sur le marché pour démontrer le financement de la gestion de l'ensemble des DEEE. La garantie doit prendre la forme d'une adhésion du producteur à un organisme pour la gestion des DEEE. Il est à noter que pour le DEEE provenant d'utilisateurs autres que les ménages, le projet de loi maintient l'option entre un système individuel et collectif.

Par ailleurs, le projet de loi renforce davantage les dispositions par rapport aux informations pour les utilisateurs et consommateurs et donne aux producteurs plus de responsabilités à cet égard, ceci afin de garantir une information et sensibilisation complètes. Il est ajouté que les acheteurs d'EEE doivent être informés par les producteurs de produits au point de vente des coûts de la collecte, du transport et du traitement et de l'élimination respectueuse de l'environnement. Les coûts mentionnés n'excèdent pas la meilleure estimation disponible des coûts réellement supportés. Les producteurs doivent également sensibiliser les consommateurs en vue de la facilitation du réemploi des EEE et du processus de préparation à la réutilisation, de valorisation et d'élimination. Les producteurs doivent par ailleurs organiser des campagnes de sensibilisation.

En outre, le projet de loi introduit des articles par rapport aux mesures administratives, amendes administratives et sanctions pénales prévues en cas de non-respect de certaines dispositions du projet de loi. Ces éléments sont des dispositions types en matière de législation environnementale.

Le projet de loi institue également la transposition dynamique pour celles des annexes de la directive qui relèvent d'actes délégués.

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 10/11/2020

Rapporteur : M. François Benoy

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

27/10/2021 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

Adoption d'une série d'amendements parlementaires

07/02/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

Adoption d'un amendement parlementaire

20/04/2022 Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État

22/04/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 27/04/2022

Loi du 9 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 266, page 1

## Fonds de travaux obligatoire pour les copropriétés

### 7763 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 16 mai 1975 portant statut de la copropriété des immeubles bâtis aux fins d'introduire un fonds de travaux

Le projet de loi prévoit d'instaurer un fonds de travaux obligatoire pour les copropriétés des immeubles bâtis dans le but de promouvoir la rénovation, de façon générale, et plus particulièrement la rénovation énergétique de ces immeubles.



L'existence d'un fonds de travaux obligatoire devrait faciliter, voire même rendre possible, la réalisation de travaux d'entretien, de réparation, d'amélioration, de transformation, de rénovation, notamment énergétique, des immeubles bâtis ainsi que la mise en place d'installations de production et de stockage d'énergie à partir de sources d'énergie renouvelables.

Dépôt par M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 09/02/2021  
Rapporteuse : Mme Jessie Thill

Travaux de la Commission du Logement

(Présidente : Mme Semiray Ahmedova) :

24/02/2022 Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

10/03/2022 Adoption d'une série d'amendements parlementaires

22/04/2022 Désignation d'un rapporteur

Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

24/02/2022 Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

Vote en séance publique : 26/04/2022

Loi du 30 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 347, page 1

## Régime d'aides à des prêts climatiques

### 7821 – Projet de loi relative aux aides à des prêts climatiques

Le projet de loi prévoit une série d'adaptations et de simplifications au régime d'aides à des prêts climatiques, tel qu'il fut introduit par la loi du 23 décembre 2016.

Le présent projet de loi recentre le dispositif sur deux mesures :

1) mise en place d'une seule subvention d'intérêt dénommée « subvention d'intérêt pour prêt climatique » en la rendant accessible à tous les propriétaires concernés et en simplifiant la procédure.

2) possibilité de l'octroi d'une garantie de l'État, si le demandeur ne dispose pas des garanties jugées suffisantes par l'établissement financier.

Dépôt par M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 06/05/2021  
Rapporteuse : Mme Jessie Thill

Travaux de la Commission du Logement

(Présidente : Mme Semiray Ahmedova) :

24/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

31/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 26/04/2022

Loi du 8 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 286, page 1

## Gestion de la sécurité des infrastructures routières

### 7841 – Projet de loi concernant la gestion de la sécurité des infrastructures routières

Le projet de loi n° 7841 vise à transposer la directive 2008/96/CE du Parlement européen et du Conseil du 19 novembre 2008 concernant la gestion de la sécurité des infrastructures routières, telle que modifiée par la directive (UE) 2019/1936 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2019. La directive initiale ayant été transposée par la loi du 27 avril 2012 concernant la gestion de la sécurité des infrastructures

routières, le présent projet de loi propose en conséquence d'abroger et de remplacer cette dernière.

La directive 2019/1936 vise à améliorer le niveau de sécurité routière sur l'ensemble du réseau transeuropéen de transport (« réseau RTE-T »), le réseau des autoroutes et des routes principales dans l'ensemble de l'Union européenne afin d'atteindre les objectifs pour les horizons 2030 et 2050. Elle prescrit, à l'instar de la directive initiale (DIR 2008/96/CE), l'instauration et la mise en œuvre des procédures relatives aux évaluations des incidences sur la sécurité routière, aux audits de sécurité routière pour les projets d'infrastructures (conception, construction), ainsi qu'aux inspections de sécurité routière et aux évaluations de la sécurité de l'ensemble du réseau routier en exploitation par les États membres.

En vue d'obtenir les résultats précités en matière de sécurité routière, le champ d'application a été élargi. La nouvelle directive s'applique désormais aussi bien aux routes qui appartiennent au réseau routier transeuropéen, aux autoroutes et aux routes principales et ceci indépendamment du fait qu'elles soient déjà en exploitation, en construction ou encore au stade de la conception. Par ailleurs, la nouvelle directive s'applique également aux routes et aux projets d'infrastructure routière, non compris parmi les tronçons de routes précités, qui sont situés en dehors des zones urbaines, qui ne desservent pas les propriétés riveraines et qui sont menés à bien grâce à un financement de l'UE, à l'exception des routes qui ne sont pas ouvertes à la circulation générale des véhicules à moteur, comme les pistes cyclables, ou des routes qui ne sont pas conçues pour la circulation générale, comme les routes d'accès à des sites industriels, agricoles ou forestiers.

En revanche, la directive ne s'applique pas aux tunnels routiers couverts par la directive 2004/54/CE et transposée en droit interne par la loi du 21 novembre 2007 concernant la sécurité dans certains tunnels routiers.

La modification de la directive 2008/96/CE apporte également des innovations notamment en ce qui concerne les procédures d'évaluation de la sécurité sur l'ensemble du réseau routier, les inspections périodiques et le suivi des procédures. L'évaluation de la sécurité de l'ensemble du réseau routier passe d'une évaluation purement statistique à une évaluation combinant les volets proactif et statistique en vue d'une classification des routes en niveaux de sécurité. Des inspections de sécurité périodiques sont réalisées pour maintenir des niveaux de sécurité adéquats de l'infrastructure routière.

Dans ce contexte, il convient de relever que la directive impose également aux États membres de s'efforcer à mettre en place un système national pour les déclarations volontaires en vue de permettre aux usagers de la route de déclarer des événements ainsi que toute autre information perçus comme représentant un danger réel ou potentiel pour la sécurité des infrastructures routières. Ce système sera accessible en ligne à tous les usagers de la route ce qui facilitera la collecte des renseignements transmis.

Afin d'assurer la lisibilité et la bonne compréhension du texte, les auteurs entendent abroger la loi du 27 avril 2012 concernant la gestion de la sécurité des infrastructures routières et la remplacer par le présent projet de loi.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 09/06/2021

Rapporteuse : Mme Chantal Gary

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

(Présidente : Mme Chantal Gary) :

06/01/2022 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

Adoption d'une série d'amendements parlementaires

17/03/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

21/04/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 27/04/2022

Loi du 23 mai 2022

Mémorial A : 2022, n° 260, page 1

## Réductions d'émissions et investissements à faible intensité de carbone

### 7868 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 décembre 2020 relative au climat

L'objet principal du projet de loi est de répondre à des remarques formulées par la Commission européenne par rapport à la transposition luxembourgeoise de la directive

(UE) 2018/410 du 14 mars 2018 modifiant la directive 2003/87/CE afin de renforcer le rapport coût-efficacité des réductions d'émissions et de favoriser les investissements à faible intensité de carbone, et la décision (UE) 2015/1814.

En effet, les remarques formulées par la Commission européenne se focalisent sur les dispositions traitant de la phase 4 du système européen d'échange de quotas d'émissions (SEQE-UE).

Dans son courrier, la Commission européenne soulève que l'article 31, paragraphe 2, de la loi du 15 décembre 2020 relative au climat ne précise pas que la liste nationale des installations couvertes par la loi doit être transmise à la Commission européenne tous les cinq ans, tel que prévu par l'article 11(1) de la Directive. Les modifications apportées par le projet de loi répondent aux interrogations de la Commission européenne en intégrant la périodicité ainsi que tous les autres éléments de l'article 1<sup>er</sup>, paragraphe 17, de la directive (UE) 2018/410.

La Commission européenne remarque également que l'article 32 de la loi relative au climat n'est pas compatible avec les dispositions prévues par la directive prémentionnée. Ainsi, le projet de loi abroge l'article 32 précité puisque les unités de réductions certifiées d'émissions et les unités des émissions prévues par cet article ne peuvent plus être utilisées dans la phase IV du SEQE-UE.

Par ailleurs, il est profité de la modification de la loi du 15 décembre 2020 pour redresser quelques erreurs matérielles dans la loi précitée.

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 04/08/2021

Rapporteur : M. François Benoy

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

07/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

23/03/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 27/04/2022

Loi du 29 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 327, page 1

## Coopération policière dans l'espace Schengen

**7891 – Projet de loi portant approbation de la déclaration unilatérale du Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg définissant les modalités de la poursuite transfrontalière en application de l'article 41, paragraphe 9, de la Convention d'application de l'Accord de Schengen du 14 juin 1985 entre les Gouvernements des États de l'Union économique du Benelux, de la République fédérale d'Allemagne et de la République française relatif à la suppression graduelle des contrôles aux frontières communes, signée à Schengen, le 19 juin 1990**

L'objet du projet de loi est de mettre à jour la déclaration unilatérale de 1992. En vertu de l'article 41, paragraphe 9, de la Convention d'application de l'Accord de Schengen (CAAS) du 14 juin 1985 entre les Gouvernements des États de l'Union économique Benelux, de la République fédérale d'Allemagne et de la République française relatif à la suppression graduelle des contrôles aux frontières communes, signée à Schengen, le 19 juin 1990, chaque partie contractante a fait au moment de la signature de la Convention une déclaration unilatérale, où elle a défini « les modalités d'exercice de la poursuite sur son territoire pour chacune des parties contractantes avec laquelle elle a une frontière commune ».

Le même article 41, paragraphe 9, prévoit par son alinéa 2 la possibilité pour les parties contractantes, après concertation avec leurs voisins, de remplacer à tout moment la déclaration par une autre, à condition que cette dernière ne soit pas plus restrictive que la précédente. La CAAS pose le principe de l'applicabilité réciproque des dispositions entre les parties contractantes ; cette réciprocité faisant défaut, le projet de loi entend y remédier.

Dans le cadre de l'évaluation de 2016 de l'application de l'acquis de Schengen, le Conseil de l'Union européenne, sur base d'une proposition de la Commission européenne, recommande au Luxembourg de moderniser son cadre juridique en matière de coopération policière avec les pays voisins et, plus particulièrement, à la France et au Luxembourg de supprimer la limite de 10 km pour les poursuites transfrontalières

de part et d'autre. Le projet de loi vise à mettre en œuvre ces recommandations et à mettre à jour certaines dispositions de la déclaration unilatérale.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 28/09/2021

Rapporteuse : Mme Stéphanie Empain

Travaux de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

(Présidente : Mme Stéphanie Empain) :

08/02/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

24/03/2022 Adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 26/04/2022

Loi du 22 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 343, page 1

## Réforme de l'enseignement musical

**7907 – Projet de loi portant :**

**1° organisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;**

**2° modification de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État**

Le but du projet de loi sous rubrique est de renforcer le rôle de l'enseignement musical en tant que pilier du paysage éducatif, afin d'éveiller chez les enfants et les jeunes la connaissance et le goût pour la musique, la danse et les arts de la parole. Il vise à garantir aux citoyens l'accès aux différentes branches de l'enseignement musical et de promouvoir leur participation à la vie musicale et culturelle du pays.

Le présent dispositif détermine les trois types d'établissement de l'enseignement musical, à savoir l'école de musique locale, l'école de musique régionale et le conservatoire, et définit leurs missions spécifiques. À titre d'exemple, chaque conservatoire assure l'enseignement musical des divisions moyenne spécialisée et supérieure et du degré supérieur, ce qui permet aux élèves de progresser dans leur parcours sans devoir changer l'établissement.

Chaque commune décide de l'organisation de l'enseignement musical sur son territoire, détermine les branches enseignées, fixe les modalités d'admissibilité et d'admission des élèves et peut dispenser des cours pour adultes. Les communes gardent le choix de déléguer leur mission d'organisation de l'enseignement musical sur leur territoire à un prestataire.

Le présent projet de loi prévoit ensuite une série d'adaptations au niveau du financement et de l'organisation de l'enseignement musical dans le secteur communal.

Premièrement, il met en œuvre deux mesures annoncées dans l'accord de coalition 2018-2023 du Gouvernement, qui visent à garantir un accès à l'enseignement musical et un traitement égalitaire des élèves. D'un côté, il rend gratuit une grande partie des cours pour les élèves âgés de moins de dix-huit ans et, d'un autre côté, il plafonne le minerval des cours payants afin de réduire le déséquilibre tarifaire entre les communes.

Deuxièmement, le présent texte entend réformer le calcul de la participation financière de l'État aux cours de l'enseignement musical. Le montant de la participation étatique n'est plus limité à une somme annuelle fixe, mais calculé pour chaque commune en fonction du nombre de minutes enseignées par les établissements d'enseignement musical. Le cofinancement par l'État devient ainsi plus transparent et prévisible, permettant aux administrations communales de disposer d'une base de planification nettement plus solide qu'aujourd'hui.

Troisièmement, le projet de loi sous rubrique vise à simplifier les démarches administratives des communes relatives à l'organisation et au financement de l'enseignement musical par l'introduction d'un outil de gestion informatique. Cet outil permet non seulement d'automatiser le calcul des minutes hebdomadaires à considérer par commune pour la détermination de la participation étatique, mais aussi de sécuriser le traitement de données à caractère personnel.

Quatrièmement, le présent texte entend modifier les conditions de recrutement du personnel enseignant de l'enseignement musical. Les enseignants des écoles de musique locales et régionales sont engagés dans le groupe d'indemnité A2. Seuls les conservatoires sont habilités à engager des fonctionnaires relevant du groupe de traitement A1 de la rubrique enseignement. Ces professeurs assurent au moins un tiers du total des heures hebdomadaires enseignées dans chaque établissement,



et ceci dans un délai de cinq ans à partir de l'entrée en vigueur de la présente loi. En cas de non-respect de cette obligation, les conservatoires se voient infliger une sanction financière.

Finalement, le projet de loi prévoit la création d'un poste de Commissaire du Gouvernement adjoint à l'enseignement musical.

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 04/11/2021

Rapporteur : M. Claude Lamberty

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche  
(Président : M. Gilles Baum) :

02/02/2022 Présentation du projet de loi  
Examen de l'avis du Conseil d'État  
Adoption d'une série d'amendements parlementaires  
28/03/2022 Désignation d'un rapporteur  
Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
19/04/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 26/04/2022

Loi du 27 mai 2022

Mémorial A : 2022, n° 250, page 1

## Utilisation des réseaux de distribution de gaz naturel

### 7980 – Projet de loi portant prise en charge par l'État des frais engendrés par l'utilisation des réseaux de distribution de gaz naturel

Le projet de loi a pour objet la prise en charge par l'État des frais d'utilisation de réseaux de gaz naturel, y compris le comptage, au bénéfice des utilisateurs du réseau de distribution de gaz naturel disposant de compteurs d'un flux horaire maximal inférieur à 65 mètres cubes.

Les dispositions introduites par le projet de loi font partie d'un paquet de mesures du Gouvernement, conçu pour aider les ménages luxembourgeois dans le contexte de la hausse exceptionnelle des prix de l'énergie des derniers mois, et surtout du gaz, provoquée par une combinaison de différents événements et facteurs, comme le redressement de l'économie mondiale dès le début de 2021 lié à la crise sanitaire, le déplacement du remplissage des stocks gaziers dû au printemps froid en Europe, les exportations de gaz russe en baisse, et surtout la guerre d'agression de la Russie en Ukraine qui a amplifié la situation globale. Le précité paquet de mesures comprend également d'autres mesures telles que l'introduction d'une prime énergie pour ménages à faible revenu, la stabilisation des prix de l'électricité grâce à l'augmentation de la contribution de l'État à la part « contribution au mécanisme de compensation renouvelable/cogénération » et le renforcement des aides financières pour la rénovation énergétique, la promotion des systèmes de chauffage basés sur les énergies renouvelables, la mobilité durable et la production d'énergie renouvelable.

Les prix du marché de gros du gaz naturel ont varié fortement durant les trois dernières années et ont dépassé par moments les 300 euros/MWh, ce qui correspond à quinze fois le niveau de prix usuel avant la crise sanitaire en 2020. Cependant il est attendu que les prix resteront volatils et à des niveaux très élevés au cours des années 2022 et 2023. Par conséquent, une hausse du tarif du gaz pour le consommateur final est inévitable, même si elle est moins importante que l'augmentation des prix du marché de gros.

Les frais d'utilisation de réseaux, qui sont contrôlés et approuvés par le régulateur, comportent le coût de transport et de distribution du gaz naturel à partir des sites de production jusqu'au client final et permettent ainsi au gestionnaire du réseau de couvrir ses charges. De façon analogue au secteur électrique, les frais totaux à payer par le consommateur comprennent trois composantes : la composante énergie, les frais d'utilisation du réseau et les taxes (la taxe « gaz naturel », la taxe CO<sub>2</sub> et la taxe sur la valeur ajoutée). Actuellement, les frais d'utilisation du réseau représentent environ 18 % de la facture d'un client résidentiel, ayant en moyenne une consommation annuelle de 2.500 m<sup>3</sup>.

La structure tarifaire harmonisée pour les réseaux de distribution de gaz répartit les utilisateurs des réseaux de distribution en trois catégories. L'affectation à la catégorie correspondante se fait en fonction du type de compteur installé chez l'utilisateur du réseau. À la catégorie 1 appartiennent les clients ayant un compteur G4 à G16, avec une capacité allant jusqu'à 250 kW et à la catégorie 2 appartiennent les clients ayant un compteur G25 à G40 avec une capacité allant jusqu'à 650 kW ou 65 m<sup>3</sup>/heure. La catégorie 3, avec des compteurs du type G65 ou supérieur concerne les utilisateurs de plus gros volumes nécessaires pour la production industrielle. Elle n'est pas visée par le présent projet de loi.

Le projet de loi prévoit que pendant les 8 derniers mois de l'année 2022, l'État prend à sa charge l'entièreté des frais d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel pour les catégories d'utilisateurs 1 et 2, pour atténuer la hausse exceptionnelle des prix du gaz qui impactent fortement les ménages. Pendant cette période, les trois gestionnaires de réseaux de distribution du gaz naturel actifs au Luxembourg (Creos, SUDenergie et la Ville de Dudelange) ne facturent pas les frais d'utilisation du réseau (y compris pour le comptage) au client final et en cas de fourniture intégrée, les fournisseurs ne procèdent pas à la collecte de ces frais auprès des clients finals au nom et pour le compte du gestionnaire de réseau concerné. Ils dressent un état des frais d'utilisation exigibles du mois écoulé et les transmettent au plus tard le dernier jour du mois suivant à travers une demande d'avance au ministre ayant l'Énergie dans ses attributions, qui règle les frais. Le gestionnaire de réseau dresse son décompte final et le transmet au ministre ayant l'Énergie dans ses attributions au plus tard le 30 juin 2023.

Au total, les ménages, avec 86.688 points de fourniture et 3 TWh de consommation, représentaient environ 38 % en volume du marché de gaz naturel au Luxembourg en 2020.

Concernant l'impact financier, le Gouvernement a décidé de mettre à disposition une enveloppe globale jusqu'à concurrence de 35 millions d'euros, avec une certaine marge de manœuvre, pour réduire à zéro les coûts pour l'utilisation des réseaux gaziers pour les ménages résidentiels.

Dépôt par M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 21/03/2022

Rapporteuse : Mme Jessie Thill

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire  
(Président : M. François Benoy) :

20/04/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi  
Examen de l'avis du Conseil d'État  
22/04/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 27/04/2022

Loi du 17 mai 2022

Mémorial A : 2022, n° 237, page 1

## Sommaire

- 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 14**  
M. Fernand Etgen, Président
  - 2. Communications ..... p. 14**  
M. Fernand Etgen, Président
  - 3. Ordre du jour ..... p. 15**  
M. Fernand Etgen, Président | Mme Martine Hansen
  - 4. Dépôt d'une motion par M. Léon Gloden ..... p. 15**  
Exposé : M. Léon Gloden (interventions de M. Dan Kersch, M. Claude Wiseler et Mme Martine Hansen)
  - 5. Heure de questions au Gouvernement ..... p. 16**
    - Question n° 307 du 26 avril 2022 de M. André Bauler relative à la situation actuelle dans le secteur Horeca, adressée à M. le Ministre des Classes moyennes et à M. le Ministre du Tourisme ..... p. 16**  
M. André Bauler (intervention de M. Dan Kersch) | M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes, Ministre du Tourisme
    - Question n° 308 du 26 avril 2022 de Mme Simone Asselborn-Bintz relative aux mini-crèches, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ..... p. 17**  
Mme Simone Asselborn-Bintz | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Simone Asselborn-Bintz | M. le Ministre Claude Meisch (intervention de Mme Simone Asselborn-Bintz)
    - Question n° 309 du 26 avril 2022 de Mme Djuna Bernard relative aux remplacements dans les Centres de compétences en psychopédagogie spécialisée, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ..... p. 17**  
Mme Djuna Bernard | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (interventions de M. Dan Kersch)
    - Question n° 310 du 26 avril 2022 de M. Carlo Weber relative au soutien du secteur agricole au vu de la flambée des prix, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural ..... p. 18**  
M. Carlo Weber | M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural
  - 6. Question élargie n° 136 de Mme Nathalie Oberweis au sujet du procédé et des moyens de prise en charge des naissances prématurées au Luxembourg ..... p. 18**  
Mme Nathalie Oberweis | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Mme Nathalie Oberweis | Mme la Ministre Paulette Lenert
  - 7. Question élargie n° 144 de M. André Bauler au sujet de la fermeture provisoire de la maternité du Centre Hospitalier du Nord ..... p. 20**  
M. André Bauler | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
  - 8. Question élargie n° 145 de Mme Carole Hartmann au sujet des sages-femmes ..... p. 21**  
Mme Carole Hartmann | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
  - 9. Motion de M. Léon Gloden relative aux examens radiologiques extrahospitaliers ..... p. 22**  
Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé  
Discussion générale : M. Claude Wiseler (intervention de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé) | M. Mars Di Bartolomeo (intervention de M. Yves Cruchten) | M. Fernand Kartheiser | M. Dan Kersch (interventions de M. Léon Gloden et M. Claude Wiseler) | Mme Josée Lorsché | M. Marc Goergen (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et M. Dan Kersch) | Mme Carole Hartmann | Mme Nathalie Oberweis | M. Léon Gloden (interventions de M. Jean-Marie Halsdorf et M. Dan Kersch) | M. Mars Di Bartolomeo  
Prise de position du Gouvernement (suite) : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (interventions de M. Gilles Roth, M. Mars Di Bartolomeo et M. Sven Clement)  
Vote sur la motion (rejetée)
  - 10. 7763 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 16 mai 1975 portant statut de la copropriété des immeubles bâtis aux fins d'introduire un fonds de travaux ..... p. 28**  
Rapport de la Commission du Logement : Mme Jessie Thill  
Discussion générale : M. Marc Lies | M. Max Hahn | M. Yves Cruchten | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre du Logement  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7763 et dispense du second vote constitutionnel
  - 11. 7821 – Projet de loi relative aux aides à des prêts climatiques ..... p. 31**  
Rapport de la Commission du Logement : Mme Jessie Thill  
Discussion générale : M. Marc Lies | M. Max Hahn | M. Yves Cruchten | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre du Logement  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7821 et dispense du second vote constitutionnel
  - 12. 7891 – Projet de loi portant approbation de la déclaration unilatérale du Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg définissant les modalités de la poursuite transfrontalière en application de l'article 41, paragraphe 9, de la Convention d'application de l'Accord de Schengen du 14 juin 1985 entre les Gouvernements des États de l'Union économique du Benelux, de la République fédérale d'Allemagne et de la République française relatif à la suppression graduelle des contrôles aux frontières communes, signée à Schengen, le 19 juin 1990 ..... p. 33**  
Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense : Mme Stéphanie Empain  
Discussion générale : M. Léon Gloden | M. Claude Lamberty | Mme Lydia Mutsch | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Sven Clement et M. Claude Lamberty) | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7891 et dispense du second vote constitutionnel
  - 13. 7907 – Projet de loi portant :**
    - 1° organisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;**
    - 2° modification de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ..... p. 35**  
Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Claude Lamberty  
Discussion générale : Mme Octavie Modert (dépôt de la motion 1) (interventions de M. Mars Di Bartolomeo) | Mme Simone Asselborn-Bintz | Mme Djuna Bernard (intervention de M. Charles Margue) | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement (intervention de M. Dan Kersch)  
Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7907 et dispense du second vote constitutionnel  
Motion 1 : M. Claude Lamberty | Mme Octavie Modert  
Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)
  - 14. Question écrite n° 5978 de M. Marc Spautz relative à la construction d'un parc éolien à Oberkorn ..... p. 45**  
M. Marc Spautz | M. Claude Turmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, Ministre de l'Énergie
  - 15. Question écrite n° 5979 de M. Jean-Paul Schaaf relative à l'extension des parcs éoliens ..... p. 45**  
M. Jean-Paul Schaaf | M. Claude Turmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
  - 16. Question écrite n° 5980 de Mme Martine Hansen relative aux arbres le long de la route ..... p. 46**  
Mme Martine Hansen | M. Claude Turmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
- Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre ; M. Claude Meisch, M. Claude Turmes, M. Lex Delles, M. Henri Kox et M. Claude Haagen, Ministres.



(La séance publique est ouverte à 14.29 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

## 2. Communications

Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Bureau deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

### Communications du Président – séance publique du 26 avril 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

7985 – *Projet de loi modifiant*

1° la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques ;

2° la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la qualification initiale et à la formation continue des conducteurs de certains véhicules routiers affectés aux transports de marchandises ou de voyageurs ;

3° la loi modifiée du 25 juillet 2015 portant création du système de contrôle et de sanction automatisés ;

4° la loi modifiée du 16 avril 2003 relative à l'assurance obligatoire de la responsabilité civile en matière de véhicules automoteurs ;

5° la loi modifiée du 19 décembre 2014 facilitant l'échange transfrontalier d'informations concernant les infractions en matière de sécurité routière ;

6° la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 30/03/2022

7986 – *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse*

Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 30/03/2022

7987 – *Projet de loi portant modification :*

1° du Code pénal ;

2° du Code de procédure pénale

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 31/03/2022

7988 – *Projet de loi instaurant une compensation financière permettant la réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers*

Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 08/04/2022

7989 – *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales*

Dépôt : M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes, le 08/04/2022

7990 – *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail*

Dépôt : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 11/04/2022

7991 – *Projet de loi portant introduction d'un droit pénal pour mineurs et portant modification :*

1° du Code de procédure pénale ;

2° de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ;

3° de la loi modifiée du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne ;

4° de la loi du 20 juillet 2018 portant réforme de l'administration pénitentiaire

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 19/04/2022

7992 – *Projet de loi relatif aux droits des mineurs victimes et témoins dans le cadre de la procédure pénale et portant modification :*

1° du Code pénal

2° du Code de procédure pénale

3° de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 19/04/2022

7993 – *Projet de loi portant modification de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988*

Dépôt : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, le 19/04/2022

7994 – *Projet de loi portant aide, soutien et protection aux mineurs, aux jeunes aux familles et portant modification :*

1. du Code du travail ;

2. de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ;

3. de la loi modifiée du 16 juin 2004 portant réorganisation du Centre socio-éducatif de l'État ;

4. de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse ;

5. de la loi modifiée du 10 décembre 2009 relative à l'hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux ;

6. de la loi du 1<sup>er</sup> août 2019 concernant l'Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse ;

et portant abrogation

1. de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse ;

2. de la loi modifiée du 16 décembre 2008 relative à l'aide à l'enfance et à la famille

Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 25/04/2022

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2298 – *Demande de pétition publique : Keng Summerzäit méi*

Dépôt : Mme Brigitte Gaspard, le 30/03/2022

2299 – *Demande de pétition publique : Pour la réintroduction du port du masque obligatoire et du testing dans les lycées, écoles primaires et autres structures éducatives quand le taux d'incidence est élevé afin de protéger la santé des élèves et du personnel éducatif*

Dépôt : M. Yves Berna, le 01/04/2022

2300 – *Demande de pétition publique : De Meeschter, dee kee méi ass / Le maître qui n'en est plus un*

Dépôt : M. Serge Peiffer, le 03/04/2022

2301 – *Demande de pétition publique : Pour une maternité et une pédiatrie d'urgence ouvertes 24h/24 au nord du Luxembourg*

Dépôt : M. Steve Schmitz, le 03/04/2022

2302 – *Demande de pétition publique : Integral kostenloser öffentlicher Personennahverkehr auch für grenzüberschreitende Linien (z. B. Linie 315 und viele andere)*

Dépôt : M. Marc Müller, le 04/04/2022

2303 – *Demande de pétition publique : Rauchverbot während des Fahrens*

Dépôt : Mme Sabrina Seyler, le 06/04/2022

2304 – *Demande de pétition publique : Verkehrsschilder bei Kreisverkehr aufstellen, wie man richtig und effektiver durch einen Kreisverkehr fahren soll*

Dépôt : Mme Sabrina Seyler, le 06/04/2022

2305 – *Demande de pétition publique : Ausweisung von russischen Diplomaten*

Dépôt : M. Adrian Florin Nicula, le 06/04/2022

2306 – *Demande de pétition publique : Gründung eines unabhängigen Covid-Beobachtungs-, Kontroll- und Untersuchungsausschusses*

Dépôt : M. Serge Carlo Jochheim-Brandenbourger, le 07/04/2022

2307 – *Demande de pétition publique : Androe vum Asow-Regiment an Ajdar-Bataillon op d'Lëscht vun den internationalen Terrororganisationen*

Dépôt : M. Christian Lentz, le 10/04/2022

2308 – *Demande de pétition publique : Création d'un registre pour connaître les volontés et les choix d'une personne avant sa mise sous tutelle, tant qu'elle a du discernement*

Dépôt : M. François Christian Jean-Marie Lange, le 10/04/2022

2309 – *Demande de pétition publique : Remboursement des factures des psychologues*

Dépôt : Mme Paula Antunes Quinteira, le 11/04/2022

2310 – *Demande de pétition publique : Rescision de la TVA des consultations de vétérinaire*

Dépôt : Mme Kátia Martins Teixeira, le 11/04/2022

2311 – *Demande de pétition publique : Keng sektoriell Impfflicht / Non à la vaccination obligatoire sectorielle*

Dépôt : M. Claude Kremer, le 12/04/2022

2312 – *Demande de pétition publique : All zukünfteg Indexadaptatiounen un e Referendum bannen. All Bierger soll demokratesch a responsabel iwwert den Index matbestëmme kënnen*

Dépôt : M. Marc Schmidt, le 15/04/2022

2313 – *Demande de pétition publique : Sofortige Neuwahl*

Dépôt : M. Normen Meiser, le 16/04/2022

2314 – *Demande de pétition publique : Protégeons nos forêts et notre nature pour toujours*

Dépôt : M. Léo Benkel, le 18/04/2022

2315 – *Demande de pétition publique : Limitation et régulation des bus dits à „Harmonica“ dans le centre-ville (et sa banlieue) en dehors des heures de pointe et durant les week-ends*

Dépôt : M. Fabio Palumbo, le 18/04/2022

2316 – *Demande de pétition publique : Pour familles monoparentales : maintien de la classe d'impôts 2 ou création d'une nouvelle classe d'impôts (type classe 1a0), révision des calculs de subvention de loyer sur le salaire net et non sur le salaire brut (adaptation par rapport au revenu net*

*du ménage), révision du calcul et hausse des barèmes pour les allocations de vie chère*

Dépôt : Mme Delfina Mendes Valente, le 19/04/2022

2317 – Demande de pétition publique : Familles monoparentales : Révision des conditions d'avances sur pension alimentaire de la part du Fonds national de solidarité, abolition et/ou adaptation de la condition et obligation d'être résident luxembourgeois pendant une durée de 5 ans consécutifs. Cette mesure est complètement inadaptée et injuste vis-à-vis de beaucoup de victimes de ce genre de procédure

Dépôt : Mme Delfina Mendes Valente, le 23/04/2022

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, esou wéi d'Présidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat deem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

Plusieurs voix | Jo.

M. Fernand Etgen, Président | Madamm Hansen.

Mme Martine Hansen (CSV) | Jo. Merci, Här Präsident. Ech hunn nach just eng Remark. Also mir haten eis Froe jo e bëssen ze spéit eraginn. Da verstinn ech jo, datt se dann net ugeholl ginn. Op där anerer Säit hu mer awer nach eng Partie Froen, déi opstinn, déi vun der Regierung nach net beäntwert gi sinn. An dofir géif ech dann och gären hei vun eisem Recht Gebrauch maachen, datt mer dës Froen elo mëndlech stellen.

Et ass eemol eng Fro, déi ech un den Här Mobilitéitsminister an d'Madamm Ëmweltministesch oder dann den Här Turmes wëll stellen. Et ass nach eng Fro vum Marc Spautz. Et ass awer och nach eng Fro vum Här Schaaf, mee ech mengen, déi ass ze vill komplex. Do waarde mer dann op déi schrëftlech Äntwert. Mir wäeren awer och frou, wann déi matzäiten do wier.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Hansen. Mir wäerten da mat eise Servicer kucken, ob mer déi Ministeren nach an d'Chamber kréien oder och net.

Ech wëll widderhuelen: Ass d'Chamber mat deem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

### 4. Dépôt d'une motion par M. Léon Gloden

Da géif ech d'Wuert ginn un den Här Léon Gloden fir den Depot vun enger Motioun.

Exposé

M. Léon Gloden (CSV), auteur | Merci, Här Präsident. Héiert Dir mech?

Plusieurs voix | Nee.

(M. Léon Gloden règle la hauteur du pupitre.)

Une voix | Aa!

M. Léon Gloden (CSV), auteur | Aa! Voilà! Sou. Kloer an d'äitlech? Voilà!

Merci fir den Toun. Här Präsident, ech deposéieren hei eng Motioun, fir datt esou schnell wéi méiglech déi Patienten – wéi an engem Fall –, déi an den IRM um Centre Médical Potaschbiere ginn, ...

Plusieurs voix | A!

M. Léon Gloden (CSV), auteur | ... kënnen dat och vun der Krankeess zrëckbezuelt kréien.

(Brouhaha)

Ech akzeptéieren net, datt eng Gesondheitsministesch an der Ëffentlechkeet seet, hei géifen d'Patienten als Geisel geholl ginn. Säit 2017 ass bekannt, datt ënner anerem dee Projet um Potaschbiere kéint entstoen. Säit 2019 hu mer kloer Urteeler vun dem Verfassungsgericht. Hei ass einfach verschlof ginn. Ech soen och op dëser Plaz: Et war ugeduecht ginn, datt an enger éischter Phas den Acte médical kéint facturéiert a rembourséiert ginn. Elo gëtt gesot, datt dat och net méiglech ass. Hei an dësem konkrete Fall waren nämlech d'Doktere vum Centre Médical Potaschbiere d'accord, dann eeben an enger éischter Phas just den Acte médical ze verrechnen.

M. Dan Kersch (LSAP) | Sidd Dir och Investisseur, ...

M. Léon Gloden (CSV), auteur | Dat wier eng interminis...

M. Dan Kersch (LSAP) | ... datt Dir Iech esou Gedanke maacht?

M. Léon Gloden (CSV), auteur | Nee, ech sinn net Investisseur, Här Kersch. Et ass gutt, datt Der déi ...

Une voix | O!

M. Léon Gloden (CSV), auteur | ... Fro stellt.

(Interruption)

Mee, par konter zu der LSAP, par konter zu der LSAP, ...

M. Dan Kersch (LSAP) | Dir kennt se awer gutt, anscheinend!

M. Léon Gloden (CSV), auteur | ... maachen ech mir Suergen ëm ...

M. Claude Wiseler (CSV) | Dat ass awer richteg penibel dat do!

M. Léon Gloden (CSV), auteur | ... d'Gesondheet vun eise Leit.

M. Dan Kersch (LSAP) | Dir kennt se awer gutt, anscheinend!

M. Léon Gloden (CSV), auteur | An Är Remark ass ...

(Coups de cloche de la présidence)

... ganz penibel. Dat weist ...

M. Dan Kersch (LSAP) | E kloer gereegelte Kader.

M. Léon Gloden (CSV), auteur | ... just, datt Der um falsche Boot ...

(Interruptions)

... ënnerwee sidd, Här Kersch.

M. Dan Kersch (LSAP) | Nee!

M. Léon Gloden (CSV), auteur | Dir hätt besser gehat, hei elo de Mond ze halen!

M. Dan Kersch (LSAP) | Si ass ganz pertinent!

M. Léon Gloden (CSV), auteur | Nee, Dir ...

M. Claude Wiseler (CSV) | Ech mengen, Dir hätt besser gehat, de Mond ze halen.

M. Léon Gloden (CSV), auteur | ... kënn och kontrolléieren. Ech hu guer näischt! Ech hunn als Buergermeeschter an als Deputéierten aus dem Oste gekuckt, datt am ländleche Raum d'medezinnesch Versuergung verbessert gëtt.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | Dir bestreit jo awer net, dass et ëm privat ...

M. Léon Gloden (CSV), auteur | Jo, an d'Léit wäsen ...

M. Fernand Etgen, Président | Den Här Gloden huet d'Wuert!

M. Dan Kersch (LSAP) | Dir bestreit jo net, dass et ëm privat Interëte geet ...

M. Fernand Etgen, Président | Den Här Gloden huet d'Wuert, wannechgelift.

M. Dan Kersch (LSAP) | Et geet hei ëm privat Interëten, déi Dir hei verteidegt!

M. Léon Gloden (CSV), auteur | Den Här Kersch schéngt ganz, ganz nervös ze sinn. Duerfir deposéieren ech hei ...

(Interruptions)

... déi Motioun. Ech erënneren d'ailleurs och drun, ech hat der Madamm Hartmann gutt nogelauschert um 100,7, och si huet am Numm vun der DP gesot, datt hei eng pragmatesch Léisung misst fonnt ginn an datt déi Patientin misste rembourséiert ginn, soudatt mer bei dëser Motioun jo sécherlech hei d'Majoritéit kréien.

An ech wier och frou, vu datt elo den Här Haagen hei ass, an ech hat och héieren, d'Madamm Gesondheitsministesch géif haut nach kommen, datt mer déi kéinten direkt haut zur Ofstëmmung kréien, well där Fäll gëtt et schonn, wou d'Motioun en séance tenante deponéiert ginn ass an dann och en séance tenante votéiert ginn ass. Ech hunn d'Lëscht bei mer. Ech kann Iech se ginn, Här Präsident, wann dat ...

(Interruptions)

Nee, si muss net, si muss net! Voilà!

Merci.

Motion

La Chambre des Députés,

– considérant que toute personne a droit de bénéficier de soins de santé appropriés et que l'État est tenu d'assurer un niveau élevé de protection de la santé humaine ;

– constatant que la crise sanitaire a démontré que l'organisation d'une prise en charge médicale extrahospitalière et une implantation de maisons/centres médicaux et/ou antennes hospitalières dans les régions rurales sont absolument nécessaires afin de garantir à tous les habitants une prise en charge médicale adéquate ;

– considérant les délais d'attente pour obtenir notamment un rendez-vous pour une imagerie à resonance magnétique nucléaire (IRM) ;

– considérant le besoin d'une prise en charge multidisciplinaire, intégrée et orientée aux besoins des patients ;

– rappelant que des autorisations d'établissement et d'exploitation d'un cabinet de radiologie extrahospitalier ont été accordées par les administrations du Gouvernement fin 2020 à un radiologue suite à des demandes introduites en 2017, après des jugements de la Cour constitutionnelle et du tribunal administratif sur recours contre un premier refus administratif ;

– rappelant que dans son avis la Cour constitutionnelle a déclaré comme non conforme à la constitution l'article 19 de la législation hospitalière et par conséquent le règlement grand-ducal pris en application de ce texte de loi, interdisant l'installation d'appareils de radiologie dans un cabinet médical ;

– constatant cependant qu'aucune nomenclature n'existe actuellement pour les actes d'IRM en milieu extrahospitalier ;

– rappelant qu'un cabinet de radiologie extrahospitalier se situant au Potaschberg a ouvert ses portes le 20 avril 2022 ;

– rappelant l'annonce récente de Madame la Ministre de la Santé de ne pas fermer ce cabinet de diagnostic médical pour le moment ;



– *rappelant le refus de la Caisse nationale de sante de rembourser un acte d'imagerie médicale fait par un cabinet privé ;*

– *regrettant qu'aucune décision sur la question de la tarification des examens radiologiques extrahospitaliers n'ait été prise jusqu'à présent au sein de la commission de nomenclature,*

*invite le Gouvernement*

– *à poursuivre les pourparlers avec la commission de nomenclature afin de combler au plus vite l'absence de tarifs pour la radiologie extrahospitalière dans la nomenclature ;*

– *à mettre en œuvre tous les moyens utiles en vue de la concrétisation dans les meilleurs délais du remboursement des examens radiologiques extrahospitaliers au Luxembourg ;*

– *pour autant que de besoin, prendre toute mesure, action ou dépôt de textes réglementaires et/ou législatifs pour que l'IRM puisse être exploité dans les plus brefs délais dans des structures extrahospitalières telles que le centre médical Potaschbiurg.*

(s.) Léon Gloden, Martine Hansen, Max Hengel, Octavie Modert, Claude Wiseler.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Här Kersch, Här Di Bartolomeo, bei Iech ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Gloden.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | ... sinn der schonn dacks deposéiert ginn, déi direkt ofgestëmmt gi sinn, komescherweis, wa se vun der Majoritéit komm sinn!

(Interruption)

## 5. Heure de questions au Gouvernement

**M. Fernand Etgen**, Président | Haut de Mëtteg féiert d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. Dozou wëll ech eppes soen: D'Froe mussen dräi Stonne virum Ufank vun enger Sitzung erakomm sinn. Haut hate mer d'Situatioun, datt mer eng Rei Froe fënnef op zwielef erakritt hunn. Fënnef op zwielef ass net fënnef vir zwielef an och net 11.30 Auer, wou d'Froen hätte missen heibanne sinn. An der Vergaangenheet hu mer dann och scho Froen, déi zwou Minutte méi spéit erakomm sinn, net ugehall an duerfir konnte mer haut déi, déi ëm 12.05 Auer erakomm sinn, och net unhuelen. Duerfir hu mer nëmme véier Froen.

Als Éischt hu mer d'Fro Nummer 307 vum Här André Bauler un den Här Minister fir Mëttestand an den Här Minister fir Tourismus iwwert déi aktuell Situatioun vum Horeca-Secteur. Här André Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | An an der Tëschenzäit schécke mer der CSV eng Auer.

**Une voix** | Sch!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | E kleng Kaddo vun der LSAP.

– **Question n° 307 du 26 avril 2022 de M. André Bauler relative à la situation actuelle dans le secteur Horeca, adressée à M. le Ministre des Classes moyennes et à M. le Ministre du Tourisme**

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. D'Pandemie hat dem Tourismussecteur, dem Horeca-Secteur ganz staark zougesat an deene leschte Wochen a Méint. Dat wësse mer alleguer. D'Tourismussaison huet elo nees ugefaangen an et weise sech schonn eng Rëtsch Leit aus dem Ausland hei an der Stad an iwwert d'Land. Et schéngt also, wéi wann d'Saison lues a lues géif erëm ulafen, vläicht net wéi an alen Zäiten, mee dass mer awer erëm an e méi oder weiniger gewinnnte Rhythmus erakommen.

An an deem Kontext wollt ech dem Här Mëttestands- an Tourismusminister eng Rei Froe stellen.

Éischtens wollt ech froen, wou mer de Moment dru si mam Ausbezuale vun deene verschiddenen Hëllef, deene verschiddenen Aiden. Kann een do schonn en definitive Bilan zéien?

Zweetens: Wéi weist sech de Moment den Optakt vun der touristescher Saison? Gëtt et do schonn eng Rei Feedbacken, Réckmeldunge vum Terrain, nom Ouschtergeschäft, wann een dat esou soen däerf?

Drëttens: Wéi steet et aktuell ëm de Kongresstourismus, dee jo ganz besonnesch ënnert der Pandemie gelidden huet? Wéi gesinn also deem seng weider Perspektiven aus? Wou gëtt et do nees Potentialitéiten?

A véiertens wollt ech dann zum Schluss froen: Wéi sinn eis Horeca-Betriber a puncto Digitalisatioun a sozial Medie mëttlerweil opgestallt? Gouf et do iwwert de Wanter eng Rei Efforten, eng Rei Ustrengungen, déi vun de Betriber gemaach gi sinn? A wat fir Chancé gi mat der Saison 2022 verbonnen?

Ech soen Iech villmools Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Bauler. Den Här Minister fir Mëttestand, Minister fir Tourismus, den Här Lex Delles, huet d'Wuert.

**M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes, Ministre du Tourisme | Merci villmools, Här President. Loosst mech dem Här Bauler villmools Merci soe fir déi Fro, well et ass natierlech en Thema, dat ganz wichteg ass. Op där enger Säit: Wou sti mer mat den Aiden am Moment, besonnesch eeben am Kader vum ganze Secteur vun der Horeca? Wou si mer dru mam Ausbezuale? Mir sinn op den Dag vun haut op ronn 220 Milliounen Euro, déi un d'Horeca-Betriber ausbezuelt gi sinn.

Déi deele sech op op d'Aiden, déi grouss Aiden: Aide relance, Aide coûts non couverts. Bei der Aide relance sinn et eng ronn 65 Milliounen Euro, bei der Aide coûts non couverts eng ronn 108 Milliounen, déi ausbezuelt gi sinn.

Wa mer an den Héichzäiten dovun geschwat hunn, am Dezember 2020, dass eng ronn 3.000 Dossieren de Mount erakomm sinn, fir Aidë kënnen an deene Secteuren ausbezuelt ze kréien, sou gesi mer, dass elo eng ganz staark Tendenz no ënne geet. Et gesäit een och, mat all deene Gesetzter, déi hei an der Chamber gestëmmt gi sinn – déi grouss Aide, d'Aide coûts non couverts, fir déi ee muss déi meescht Perte vum Chiffre d'affaires hu par rapport zum Joer 2019, op där anerer Säit d'Aide relance, fir déi ee manner Perte vum Chiffre d'affaires muss hunn –, dass ganz vill Betriber vun der Aide coûts non couverts an d'Aide relance erafalen, respektiv de Mount duerno keng Aidë méi kënnen ufroen, well se déi Perten net méi hunn.

Dofir ass och ganz wichteg: Den Donneschdeg ass jo um Ordre du jour vun der Chamber och d'Verlängerung vun deenen zwou Aiden, sief et d'Aide relance, sief et d'Aide coûts non couverts, déi da bis Juni ... Also de maximalen europäesche Kader soll ausgereizt ginn, fir nach kënnen e Phasing out ze maache vun den Aiden, fir nach do kënnen Hëllefstellung ze ginn, besonnesch an am héchsten natierlech de Structures d'hébergement, sief et Campingen, sief et Hotellen.

Et gesäit een also, wéi gesot, dass vu Mount zu Mount d'Aidë manner ginn, déi ugefrot ginn, awer beim Délai de traitement si mer elo bei zwee Deeg. Dat heescht, wann eng Aide haut erakënt, ass den Dossier zwee Deeg drop fäerdeg traitéiert a läit och am Paiement, soudass schnellstméiglech do kann ausbezuelt ginn.

Et gesäit een awer och de Kader vun de Faillitten, dass mer do net eng Explosioun vun de Faillitten iwwert d'Joer 2020/2021 haten.

Dat nämmlecht awer natierlech och, wou d'Betriber hir Autorisation-d'établissementen zrückschécken. Och do gesäit een, dass mer do e ganz staarken Afall hate vu Betriber, déi opgehalen hunn 2020/2021, soudass een do och wierklech kann dru moossen, dass déi Aiden, wéi se en place gesat gi sinn, och ganz gutt fonctionéiert hunn an och gehollef hunn.

Zu Ärer zweeter Fro, wéi den Optakt vun der Saison ass, do mierkt een, dass den Ufank vun der Saison, deen traditionell den Ouschterweekend ass, ganz gutt fonctionéiert huet. Gottseidank, verschidden Hoteller an der Stad an awer och am ländleche Raum ware complet, soudass een do keng Zëmmerer méi konnt kréien, wat ganz gutt war, dass ee wierklech gesäit, dass en Effet de reprise do ass, dass och d'Leit erëm zrëckkommen op Lëtzebuerg, dat op där enger Säit natierlech aus deene prioritären Nopeschlänner wéi awer och aus anere Länner, wou et lues a lues erëm ufänkt.

Just e Beispill vun engem groussen Hotel am urbane Raum: Wann deen nach am Dezember 2020 eng Perte hat vun 90 % vum Chiffre d'affaires, sou war elo viru Kuerzem e Mount, an deem en nach op 3 % par rapport zu 2019 war, soudass een also gesäit, dass do och eng gewësse Reprise do ass.

Beim Taux d'occupation gesäit ee ganz gutt Améliorationen, plus 37 % fir d'Hotellerie zum Beispill par rapport zu 2020. Et gesäit een also, dass eng Reprise am Secteur do ass. Och bei de Jugendherberge weist sech, dass erëm méi Leit dohinnerkommen. 2022, wann een do fir déi Méint Abrëll, Mee ... Do hu mer nach keng Zuelen, mee wann een do mat einzelen Hoteliere schwätzt, gesäit een, dass eng reell Reprise do ass. D'Campingen hunn och eng ganz staark Reprise, wou sech souguer deelweis bei de Buchunge fir de Summer schonn erauszeechent, dass déi ganz gutt sinn. Mir hoffe just alleguer fir d'Campinger, dass mer net erëm e Joer hu wéi d'lescht Joer, wou et am Summer esou vill gereent huet, well dat natierlech besonnesch fir d'Campinger relativ schwierig ass.

Den LFT, Luxembourg for Tourism, mécht awer och Analyse vum Suchverhale vun de Leit. Do gesäit een, dass eis prioritär Marché Frankräich an d'Belsch ganz staark erëm no Lëtzebuerg sichen, dat fir Kuerztrippen – zwee, dräi, véier Deeg –, wou mer erëm ganz staark gesicht ginn. Bei de Reservatiounen aus de Fermmäert, woubäi mer prioritär vun Amerika schwätzen, also d'USA, mierke mer, dass se och erëm zrëckkommen, mee lues zrëckkommen, mee se kommen awer och erëm zrëck, soudass et do och erëm Recherche gëtt. Op där anerer Säit natierlech den asiatesche Marché, deen nach ganz um Buedem ass. Do si mer nach bei Null. Mir mierken awer, dass et op där anerer Säit erëm lues a lues eropgeet.

Dann dee Kongresstourismus, do mierke mer, dass déi kleng Kongresser erëm méi séier zrëckkommen, wéi dat an de Berechnungen oder an de Modelle geduecht war. Kleng Kongresser kommen, méi grouss Kongresser bleiwen am Moment nach an enger hybrider Form, mee sinn trotzdem awer och en präsentiel. Dat heescht, mir hunn déi béid Saachen, soudass d'Kongresser, déi och hei op Lëtzebuerg kommen, am Moment méi kleng sinn, manner Participanten hunn, mee se sinn awer zu Lëtzebuerg. Lëtzebuerg huet och iwwert déi ganz Kris gewisen, dass mer besonnesch duerch déi gutt Infrastrukturen eng reell Optioun sinn, fir hybrid Kongresser kënnen op Lëtzebuerg unzezielen. Et ass also e virsiichteg positivé Bilan, deen ee kann zéien. Fragilitéit ass natierlech nach am ganze Secteur vum Kongresstourismus, mee et mierkt een awer, dass et an déi richteg Direktioun geet.

Fir Är lescht Fro, fir d'Digitalisierung: Jo, et huet ee gesinn, dass ganz vill Hotelsbetriber, awer och aner

touristisch Infrastrukture sech während der Kris digitaliséiert hunn. Mir hunn eng ganz Panoplie vu Programmer – sief et d'Fit-4-Programmer, Fit 4 Digital, Fit-4-Digital-Packagen –, fir dat kënnen ze suivéieren. Do hu mer keng granular Opdeelung, wien Horeca ass a wien net. Do gesi mer awer, dass mer an engem Joer iwwer 370 Betriber hunn, déi déi Fit-4-Digital-Programmer duerchlaf hunn, fir och wierklech do direkt gewisen ze kréien: Wéi kann ech eppes implementéieren? Wéi kann ech Reklamm maachen? E ganz wichtege Deel, deen natierlech och mat der Tourismusapp Visit Luxembourg, déi Vernetzungen do, e wichtege Meilestee war, fir sech kënnen drun unzeschleissen.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Mëtzelstandsminister Lex Delles.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 308 vun der Madamm Simone Asselborn-Bintz un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend iwwert d'Ministréchen. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 308 du 26 avril 2022 de Mme Simone Asselborn-Bintz relative aux mini-crèches, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, 2018, also viru véier Joer, ass en neie Modell vu Betreierung vu kleng Kanner kreéiert ginn, an zwar d'Ministréchen. Ech géif gär dem Minister dozou fënnel konkret Froe stellen, kuerz a knapp.

Wéi vill Ministréchen hunn den entsprecheenden Agreement am Moment accordéiert kritt a wéi vill Ministréche fonctionéieren och nach haut? Gëtt et Ministréchen, déi an Zesummenaarbecht mat aneren SEaen (ndlr: Services d'éducation et d'accueil) oder ënner hirer Tutelle fonctionéieren? Déi drëtt Fro ass: Wéi vill Kanner profitéieren aktuell vun der Offer vun de Ministréchen? Sinn dem Minister vläicht eventuell Problemer vu Gestionnaire bekannt? An déi lescht Fro: Wéi gesäit de Minister d'Zukunft vun dese Ministréchen? Voilà, kuerz a knapp, dann hutt Der Zäit, drop ze äntweren.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Asselborn-Bintz. Den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren, et da grad esou kuerz a knapp ze maachen. Effektiv hu mer viru véier Joer e vill erwaarte Statut geschafen an der Kannerbetreierung, déi sougenannte Ministréchen, déi a méi kleng Strukturen, méi familiär ausgeriichtene Strukturen, och dacks a méi kleng Raimlechkeeten da kënnen zousätzlech Capacitéit fir de Beräich vum Accueil vun de Kanner schafen.

Et muss ee soen, datt et bis elo eng Enttäuschung an deem Sënn ass, well mir hunn eréischt zwee Agreemente verginn, eng Kéier un eng konventionéiert Struktur an eng Kéier un eng net konventionéiert Struktur. Déi konventionéiert ass effektiv och an engem Verbund mat anere Strukturen zesummen, woubäi een Träger dach méi Strukturen huet, dorënner eeben och eng Ministréche.

Et kann natierlech och esou sinn, datt déi lescht zwee Joer – Dir wësst, wat do lass war – natierlech och datt eent oder anert an d'Stocke komm ass, mee awer, mengen ech, muss een eng Kéier eng kritesch Analys maachen doriwwer, firwat dat esou ass, well een nach ëmmer souwuel, denken ech, hei bei eis am politeschen Debat dovunner iwwerzeegt ass, datt et

och e Besoin u vill méi klengen a familiär ausgeriichte Strukturen gëtt, wéi awer och, wann ee mat den Eltere schwätzt, mat Mammen a Pappé schwätzt uechtert d'Land, déi schonn Interêt hätten dorunner, firwat et esou ass, datt d'Träger sech bis elo doranner nach net esou an deem Mooss engagéiert hunn, wéi mer et geduecht hunn, an datt d'Träger souwuel am privatrechtleche Beräich, wéi awer och am konventionéierte Beräich, wéi och am kommunale Beräich bis elo eigentlech net op deen dote Wee gaange sinn.

Mir wäerten dat sécherlech eng Kéier kritesch kucken a kucken, u wat fir enge Schrauwe mer do mussen dréinen a wat d'Ursaachen dovunner sinn. Ob et elo den Alter vun de Kanner ass, un deen déi Offer sech riicht, ob et aner Konditiounen sinn, kann ech haut op jidde Fall net soen, mee ech mengen effektiv, datt mer sollten dat eng Kéier analyséieren an dann déi richteg Konklusiounen doraus zéien.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Meisch. Mir kommen dann elo zur Fro Nummer ... A, d'Madamm Asselborn-Bintz freet d'Wuert.

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** | Wann ech dann därerf kuerz nofroen. Dir hutt mer net op all Fro geäntwert. Dat därerf ee jo, ne? Dat ass jo ok?

(Interruptions)

A nee, dat därerf een net hei, mengen ech. Dann entschëllegt! Ech wollt just froen, wéi vill Kanner an deene Ministréche sinn.

**M. Fernand Etgen, Président** | U sech gëtt et am Fong an deem heite Format keng Parole après ministre.

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** | Entschëllegt! Dann ass et Parole après ministre. Pardon, ech hunn et mat der Question élargie verwiesselt, pardon.

**M. Fernand Etgen, Président** | Hei gëtt et keng Parole après ministre.

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** | Net?

**M. Fernand Etgen, Président** | Nee.

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** | Op jidde Fall: Ech wollt just froen, well Der d'Froen net all beäntwert hutt.

**M. Fernand Etgen, Président** | Wann den Här Minister bereet ass, kann en awer gären äntweren nach, well seng Zäit war nach net eriwuer.

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** | Dat wier ganz léif. Merci.

**Une voix** | Da gëllt dat awer elo fir ëmmer!

**M. Fernand Etgen, Président** | Nee, seng Zäit war nach net eriwuer.

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** | Kengem seng, vun eis zwee net, mengen ech.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Ech wäert och do ganz knapp kënnen drop äntweren, well d'Frostellung, wéi se formuléiert war, Madamm Deputéiert, huet mer net erlaabt, mech an deem Mooss ze preparéieren, datt ech hei ka soen, wéi vill Kanner ganz genau an de Ministréche momentan versuergt ginn. Duerfir kann ech Iech do leider momentan keng Äntwert dorobber ginn.

Souwäit et mer ze erane war, wat kéint de Sënn vun Ärer Fro sinn, hunn ech probéiert, mech dorobber ze preparéieren, mee ech ka meng Servicer gären uweisen, Iech déi Äntwert do nokommen ze loossen.

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** | Dat wär ganz léif. Et steet jo do: „nombre de“ ... Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Da komme mer elo un d'Fro Nummer 309 vun der Madamm Djuna Bernard un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch, iwwert d'Kanner mat spezifesch Besoinen. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 309 du 26 avril 2022 de Mme Djuna Bernard relative aux remplacements dans les Centres de compétences en psychopédagogie spécialisée, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**Mme Djuna Bernard (déi gréng)** | Merci, Här President. D'Centres de compétences en psychopédagogie spécialisée goufen 2018 an d'Liewe geruff. Si sinn zentral Piliere fir d'Inklusivoun vu Kanner mat spezifesch Besoinen an eiser Bildungslandschaft. Ech wollt op dëser Plaz de Kolleeg vun déi Lénk Merci fir d'Aktualitéitsstonn soen, déi si rezent zum Thema ugefrot hunn, an an der Froestonn vun haut wëll ech deenen Diskussiounen natierlech net virgräifen, mee just e ganz prakteschen Aspekt vum Fonctionnement vun de Centres de compétences uschwätzen.

An dësen Zentere gëtt et nämlech d'Méiglechkeet fir Remplacementen, wann Enseignanté wéinst Krankheit oder familiäre Grënn feelen. Op der Internetsäit vum Ministère fënnt een zwar déi grondleeënd Informatiounen, mee am Gespréich mat de Leit aus dem Secteur gëtt een awer och gewuer, dass et nach verschidden Onkloerheete gëtt.

Dofir wollt ech haut fir d'éischt emol vum Här Minister wëssen, wéi vill Persounen aktuell op der Lëscht vu Remplaçanten agedroe sinn. Gëtt déi Lëscht reegelméisseg aktualiséiert oder stinn do och nach eventuell Kandidat/innen drop, déi an der Praxis net méi disponibel sinn?

Eng aner Fro ass déi, ob et genuch esou Remplaçanté gëtt, wien hiren Asaz koordinéiert an ob d'Centres de compétences alleguerten Zougrëff op dës Lëscht hunn. Wann déi Informatiounen stëmmen, déi mer zougedroe goufen, kënn et nämlech duerchaus vir, dass verschidde Stonne mussen ausfalen, well keng Remplaçanten do sinn.

Meng lescht Fro betrëfft d'Base légale vun de Remplacementen. De Règlement grand-ducal ass nämlech vun 2017, dat heescht nach aus der Zäit vun der deemoleger Edif, also virun der Zäit vun den haitege Centre-de-compétences.

2019 hat den Här Minister eng Mise à jour op de Wee bruecht mat Verweis op déi nei Kompetenzzentren. De Staatsrot war awer deemools zum Schluss komm, dass hei de Wee vun engem Gesetz misst ageschloe ginn. An dësem Kontext wollt ech den Här Minister froen, ob hien nach ëmmer de Besoin fir esou en neien Text gesäit a weini dësen dann eventuell kéint kommen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Bernard. D'Wuert huet nach eng Kéier den Här Educatiounsminister Claude Meisch.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech elo besser preparéiert sinn, da läit dat net u mir, mee da läit dat un der honorabelen Madamm Bernard, déi mer nämlech eng Rei vun Detailfroen och am Virfeld zoukomme gelooss huet, notament, wéi vill Leit mer dann op där Remplaçantslëscht do hätten. Dat sinn der 37. Dat sinn der fir eis Kompetenzzentren net onbedéngt ganz vill. Déi Lëscht gëtt awer och reegelméisseg à jour gesat. Se gëtt eng Kéier, soe mer emol, grouss à jour gesat, datt jidderee kontaktéiert gëtt.



**M. Dan Kersch** (LSAP) | Le nombre de fréquentation ...

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Virun der ...

*(Interruptions diverses)*

Virun der ...

*(Interruptions par M. Dan Kersch et M. Laurent Mosar)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kersch, Dir hutt d'Wuert jiddefalls net!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Nee.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Très bien!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Virun der Rentrée gëtt all Joer déi Lëscht dann och nach eng Kéier genau op de Leescht geholl an d'Leit gi kontaktéiert, ob se nach ëmmer disponibel sinn. Et kann awer och sinn, datt am Laf vum Joer Leit bäikommen, déi sech dann op déi Lëscht do aschreiben an de Konditione dann och entsprechen. Dofir ginn och reegelméisseg am Laf vum Joer d'Direktiounen vun all de Kompetenzzentren an d'Bild gesat a se kréien en Update vun där Lëscht, soudatt se op dee rezente Stand vun der Lëscht kennen zrëckgräifen.

Et kann natierlech esou sinn, datt all déi Leit, déi dann disponibel wäeren, och schon agesat sinn op anere Plazen. Ech wëll awer do och ënnersträichen, datt mer quasi de gesamten Effectif vum Beräich vu Kanner mat extrae Besoine verduebelt hunn am Laf vun deene leschte fënnf Joer, zanter der Schafung vun de Kompetenzzentren an deem ganz neien Dispositif: souwuel bei de Kompetenzzentren wéi och bei den Équipes de soutien pour enfants à besoin. An duerfir ass et esou, datt mer schon dervun ausginn, datt och an de Struktur selwer och emol intern Remplacementen kënne gemaach ginn an en Ausfall duerch eng Reorganisatioun punktuell dann och emol kann ausgeglach ginn.

Jo, d'Fro stellt sech nach ëmmer, ob mer net en anere legale Kader brauchen, fir de Remplacement do ze reegelen, änlech wéi mer en och am Fondamental notament hunn. An déi Fro sollt mer och ugoen, awer dann, denken ech, wa mer iwwerhaupt nach eng Kéier d'Gesetz opmaachen iwwert d'Personal vun de Kompetenzzentren respektiv vum Beräich vu Kanner mat extrae Besoinen. An do wëlt mer dann och heiriwwer nach eng Kéier schwätzen an och decidéieren.

Ech wëll och dorobber verweisen, datt mer déi lescht zwee Joer eng Evaluatioun gemaach hunn iwwert de Beräich vu Kanner mat extrae Besoinen, dat am Nachhinein vun deem Gesetz, dat mer jo viru fënnf Joer geholl hunn, fir do och kënne Konklusiounen draus ze zéien, u wat fir enge Schrauwe mer weider mussen dréinen a wat vläicht nach net esou ronn dréint. Mir sinn eigentlech um Punkt, fir do Konklusiounen ze zéien, an da kéint den heite Punkt och do matafléissen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Meisch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 310 vum Här Carlo Weber un de Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung iwwert d'Ënnerstëtzung vum landwirtschaftleche Secteur. Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 310 du 26 avril 2022 de M. Carlo Weber relative au soutien du secteur agricole au vu de la flambée des prix, adressée à M. le**

**Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, d'Fro geet iwwert d'Zukunft vun eiser Landwirtschaft, d'Zukunft vun eiser Gesellschaft. Mir haten hei an der Chamber ewell méi oft iwwert déi enorm Präisdeierrecht vun der Energie geschwat, déi souwuel d'Privathaushalter wéi och d'Entreprise betrëfft, an déi entsprechend Bähëllef.

D'Landwirtschaft huet net nëmme mat héijen Energiepräisser ze kämpfen, mee och mat enger Präisexplosioun bei de Fuddermëttel an dem Dünger, wou och opgrond vun der Ukrain-Kris de Problem vun enger Noliwwerung ëmmer méi grouss gëtt. Mëttel- a laangfristeg soll eis Landwirtschaft méi nohalteg a manner ofhängeg vum Import a Produktiounsmëttel ginn.

Dat hëllef eise Bauerebetriber kuerzfristeg awer net. Déi steigend Liewensmëttelpräisser gläichen d'Méikäschtchen vun der Produktioun net aus a vill Bauere kënnen dese Verloscht leider net einfach esou offieren. Si sinn also op finanziell Ënnerstëtzung ugewisen. Wat Lëtzebuerg konkret un Hëllef kann un déi betraffe Betriber ginn, ass, wéi oft, ofhängeg vun Decisiounen, déi op EU-Niveau getraff ginn.

Ech wëll dofir den Här Landwirtschaftsminister froen, wat dee leschte Stand vun deenen Diskussiounen ass a wat fir Hëllef eis Betriber kënnen am Kontext vun der aktueller Kris kréien. Elo rezent ware jo eng Partie Versammlungen an deene verschidde Secteuren, esou jo och d'Agrarsecteur-Treffen Enn Mäerz.

Ech soen Iech villmools Merci fir eng Äntwert a merci fir d'Nolauschten.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Weber. Den Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen huet d'Wuert.

**M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Merci, Här President. Merci och dem honorabelen Deputéierte fir dës Fro. Wéi Der selwer gesot hutt, waren an deene leschten zwee, dräi Méint Reunionen mat deene verschidde Responsabele vun de Secteuren aus der Landwirtschaft, wou iwwer verschidde Problemer diskutéiert ginn ass.

Dir hutt d'Fro konkret gestallt, wat fir eng Hëllef oder wat fir eng Decisiounen geholl gi wieren, an déi wollt ech Iech da ganz kuerz opzielen.

Déi éischt Decisioun, déi geholl ginn ass opgrond vun enger Recommandatioun vun der Kommissioun – mee, ech mengen, dat hunn ech hei och scho gesot –, dat war, fir d'Vorrangflächen opzemaachen am Kader vun de Leguminosen. Dat ass och just fir dës Joer an huet och näischt ze di mat de 4 %, déi am PSN sinn. Dat wëll ech ganz kloer ënnersträichen, well do menger Meinung no och keng Ëmännerunge wäerte kommen. Dat hu mer gemaach aus Solidaritéit mat deenen anere Länner, well dat och natierlech iwwert d'Recommandatioun an och vun de Länner an der Kommissioun gefrot ginn ass.

Wat de Schwéngssektor ubelaangt, do ass et natierlech esou, datt och eng Aide um Capital non remboursable versprach ginn ass an och gesot ginn ass. Dat ware Relancen, déi si schon zweemol gemaach ginn. Hei war eng drëtt Relance, déi gemaach ginn ass. Déi ass am Kader vun de Covidlegislatiounen, Covidaidé gemaach ginn. Dat betrëfft e Montant vun 800.000 Euro en bloc, deen do an disponibel ass. Dat gi 40.000 Euro pro Betrib, deen eligibel ass. Do muss d'Demande beim SER dobanne si bis de 15. Mee. Dat ass eng Aide, déi retroaktiv gekuckt gëtt op d'Joer 2021, well do de

Problem mam Schwéngssektor am gréisste war; dat heescht vum zweete Semester 2021. Do hu mer och net méi spët wéi geschter vun der Kommissioun d'Validatioun kritt, datt mer op dee Wee kënne goen.

D'Kommissioun selwer huet d'Decisioun geholl elo virun zwou, dräi Wochen, fir am Kader vun de Réserves de crise agricole, am Kader vun der Politique agricole commune, den Artikel 219 – ech mengen, dat hat ech hei an enger Heure d'actualité och scho prezisiéiert – ze applizéieren. Dat betrëfft fir Lëtzebuerg, well do ginn d'Montanten a Fonctioun vun de Memberlänner determinéiert, ronn 443.570 Euro, wou awer Lëtzebuerg, wou all Land kann 200 % dropleeën, wat mir wäerte maachen. Do sinn d'Modalitéiten amgaang, ausgeschafft ze ginn, soudatt mer do vun engem Montant vu ronn 1,3 Milliounen Euro schwätzen.

Et gëtt gekuckt mat deem zoustännege Secteur, fir dat op eng gerecht Aart a Weis ze maachen, well natierlech d'Käschtestrukture bei deene verschidde landwirtschaftleche Betriber verschidde sinn. A wann dat esou wäit ass, da wäerte mer och do den Accord vun der Kommissioun froen. Mee vu datt et vun der Kommissioun proposéiert ginn ass, hunn ech och do keng Bedenken, datt dat wäert duerchgoen.

De leschte Freideg – dat ass déi véiert Measure – am Regierungsrot ass iwwert de Ministère de l'Économie e Gesetzesprojet ugeholl ginn, deen d'Veaarbechtungsbetriber betrëfft, en Hëllefprogramm, deen Der kennt, deen d'Préten ubelaangt an deen op d'Toolbox-Mesure 2.2 zréckgeet, wou ech och schon eng Kéier hei erläutéiert hunn, datt dat kéim. Dat betrëfft 15 % vum Chiffre d'affaires, retroaktiv gekuckt op dräi Joer, wou een do ka Préte maachen, déi garantéiert si vum Staat. Dat betrëfft natierlech och, wat gutt ass, 50 % vun den Energiepräisser op zwielef Méint, retroaktiv gekuckt. Déi Préten hunn eng Durée maximale vu sechs Joer, wann do Liquiditéitsproblemer momentan wieren, an déi gi garantéiert, esou wéi et virgesinn ass, iwwert de Staat.

An déi lescht Measure, dat sinn d'Intrants agricoles et énergétiques. Déi sinn am Accord vun der Tripartite, deen Der och kritt hutt, virgeschloe ginn. Dat sinn d'Surcoûten, haaptsächlech bei der Energie, bei den Engrais an den Intranten, wou Der scho gesot hutt, datt do Problemer wieren. Dat si ronn 35.000 Euro pro Entreprise, pro Betrib, déi eligibel sinn. Dat ass an deem Fall fir d'Landwirtschaft am Domaine de production agricole primaire an dat ass gezu ginn am Cadre temporaire pour crise. An do, denken ech, nodeem mer déi Reunionen nach eng Kéier wäerte gehat hu mat deene verschidde Concernéierten – haaptsächlech och hei an deem Fall mam Kärendesch –, wäert dat virum Summer geschéien.

Dat waren dann déi fënnf Mesuren.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen.

## 6. Question élargie n° 136 de Mme Nathalie Oberweis au sujet du procédé et des moyens de prise en charge des naissances prématurées au Luxembourg

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 136 vun der Madamm Nathalie Oberweis iwwert d'Betreiung vun de Fréigebueren. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousatzfro virzedroen. An der Regierung stinn zéng Minutten zou. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, léif Ministesch, Här President, et ass en traumatiséierend Erlefnis, wann eng jonk Mamm mat hirem neigebuerene Bëbee, engem Frëhchen, oder déi drop an drun ass ze accouchéieren, muss an d'Ausland transferéiert ginn. Kee kann derfir, dass de Bëbee ze fréi kënnt, mee dass si muss transferéiert ginn an d'Ausland, op Léck eventuell, zwou Stonne wäit ewech mat enger Ambulanz an der Onsécherheet an eventuell a Cirkonstancen, wou et ëm Liewen an Doud geet, dat ass haugemach.

60 Fäll am Joer 2019, 49 Fäll am Joer 2020 an 59 am Joer 2021: Esou vill Transferte gouf et an deene leschten dräi Joer. Do virdru ware se nach méi héich: tëscht 80 an 120 pro Joer. Et gouf also eng relativ Baisse no 2018, an awer constatéiere mer eng gewësse Stagnatioun op engem héijen Niveau zënter dräi Joer.

Gutt 60 Fäll also d'Joer, wou Bëbee a Mamm zum Deel a Liewensgefer sinn. Dat ass en Aarmut fir Lëtzebuerg. A wann ee weess, dass d'Transferte zu 95 % gemaach ginn, well kee Bettche fräi ass fir de Frëhchen, an net weinst iergendenger rarer Krankheet, déi een eventuell zu Lëtzebuerg net kéint en charge huelen, da bezeit dat ëmsou méi, dass mer hei an deem Domän ënnerentwéckelt sinn.

Kuerz d'Zuelen, déi mer matgedeelt kruten: Mir hu 16 Couveusen, also Bettercher fir Frëhchen, déi ënner 32 Wochen op d'Welt kommen, a 7 Bettercher fir Bëbeeën, déi iwwer 32 Wochen op d'Welt kommen.

Wat mech awer elo markéiert huet an der Äntwert vun der Ministesch am Dezember 2021 op meng éischt Question parlementaire, ass, dass 6 Bettercher fir Frëhchen am Joer 2019 autoriséiert goufen. Säit dräi Joer also si scho 6 weider Couveusen autoriséiert.

Ech liesen aus der Äntwert vir. Zitat: „L'autorisation de service accordée en 2019 a augmenté le nombre de couveuses autorisées à 22 en vue de permettre la planification d'une adaptation de l'unité stationnaire en vue de la création des places nécessaires.“ A weider: „L'autorisation de service prévoit 22 places et la planification des 6 places complémentaires est en cours par le CHL. Le projet de planification soumis par le maître d'ouvrage sera avisé par la Commission permanente hospitalière en vue d'une autorisation ministérielle.“

Erlaabt mer, d'Ministesch ze froen, wou déi 6 Better dru sinn, déi säit dräi Joer autoriséiert sinn. Esou verstinn ech et zumindest. Ech hu jo gelies, dass et „en cours“ ass, mee wat genau bedeit dat? Wat ass an deenen dräi Joer geschitt zënter der Autorisatioun an huet de Maître d'ouvrage schonn e Projet virgeluecht? Ass de Maître d'ouvrage de CHL? Esou verstinn ech dat zumindest.

Firwat dauert et esou laang, wa mer eigentlech an enger Urgencesituatioun sinn? Si mer hei net an enger Situatioun, wou et awer och ëm Liewen an Doud geet? Misste mer net e bësse méi schnell kënnen handelen? Huet d'Ministesch beim CHL nogefrot a sech derfir staarkgemaach, dass dëse Projet eebe realiséiert gëtt, well et jo ëm eng Fro vun effentlecher Gesondheet geet?

Här President, de Manktum vu Couveusen ass säit Jore bekannt. Wann ech d'Äntwert richteg liesen a verstinn, sinn déi sechs Bettercher also onofhängeg vun den Aarbechte vum Observatoire de la santé ze gesinn. Wéi en Délai gitt Dir Iech, Madamm Ministesch, fir dass déi sechs Bettercher endlech kënnen a Betrib kënnen geholl ginn an d'Urgence?

Elo iwwert déi sechs Couveusen eraus, liesen ech an der Äntwert, an ech zitieren och hei erëm: „Dans le cadre des travaux de l'Observatoire de la santé, cette

évolution sera prise en compte afin d'en tenir compte le cas échéant dans le cadre de la planification nationale en termes de lits à autoriser.“

Ech verstinn, dass den Observatoire elo fir déi Planifikatioun zoustänneg ass; esou liesen ech d'Äntwert. Kënnt Dir mir soen, wou d'Aarbechte vum Observatoire de la santé dru sinn? Wéini sinn d'Aarbechte vum Observatoire de la santé fäerdeg? Wat ass hei den Délai? Wat sinn d'Délais fir d'Finaliséierung vun der nationaler Planifikatioun vun de Spidolsbetter?

Wann déi sechs Better also scho viru Joren néideg waren, da kann een dovunner ausgoen, dass mer haut souguer nach méi Better brauchen. Wéi laang also beweege mer eis nach an enger Planifikatiounsphas a wéini setze mer dës Pläng ëm?

Lescht Fro: Des Weidere géif ech gären déi Fro opwerfen, ob et duergeet, an der Stad Lëtzebuerg esou e Service de néonatalogie ze hunn oder ob een net och misst envisagéieren, ausserhalb vun der Stad, am Süden, an deem geplangte Südspidol, oder och am Norden, esou e Service ze hunn an eeben an d'Reflexiounen vum Observatoire de la santé mat eranzehuelen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a fir d'Äntwieren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Merci, Här President. A merci och un d'Madamm Oberweis fir dës Fro.

Et si jo zwee Deeler. Deen ee bezitt sech op d'Äntwert, déi erausgaangen ass am Dezember d'lescht Joer, wou Der Detailler gefrot hutt vun den Transferten. Eng Fro, déi sech och ganz gutt zesumme liest d'ailleurs mat enger vum Mount Juni, déi de Sven Clement gestallt hat, wann ee sech fir den Detail interesséiert.

Mir hunn effektiv eng Geneemegung gi virun enger Rei Jore fir sechs Zousazbetter, wéi Der richteg sot. Wéi geet dat virun? Doropshi muss natierlech vum Träger e Projet erakommen. Dat ass den CHL, dat ass korrekt. Dat ass eise Service national fir d'Neonatalogie. Et ass och just do, wou dat ka gemaach ginn. Dat ass deen eenzege spezialiséierten oder héich spezialiséierte Service, op alle Fall an deem Genre, dee mer am Land hunn. Ech kommen herno dorobber zrëck.

Mir hunn, Stand haut, nach keen Dossier erakritt. A fir Är Fro ze beäntweren: Ech froen allkéiers no. Et ass eng vun den éischte Froen, déi ech ganz reegelméisseg stellen, wa mer op aneren Dossierien zesumme kommen. Dat ass e komplexe Bauprojet. Dat fügt sech an an Embauten, déi am CHL wäerte gemaach ginn.

Et schéngt eminent ze sinn, dass dat erakënnt, mee nach hu mer keen Dossier. Wann deen Dossier bis bei eis ass, kann ech Iech garantéieren, dass dee mat gréisster Prioritéit wäert bei eis traitéiert ginn. Dat ass jo dann déi nächst Etapp. Den Dossier muss bei eis erakommen an da gëtt en do begutachtet. Dat wäert ganz schnell goen. Do wäert ech op alle Fall alles derfir asetzen, dass do bei eis weider keng Zäit versträicht.

Mee, wéi gesot, et ass eng komplex Saach. Ech hunn déi dote Fro och schonn oft gestallt. Et kann een net eppes kuerzfristeg maachen, mee dat muss op engem Stack sinn, fir dass d'Personal ka flexibel hin- an hiergoe vun deene Bettercher. Et ass also net esou einfach. Ech hat och alt schonn emol gemengt, et kéint een elo provisoersch iergendwéi eppes op enger anerer Aile opriichten. Da kréien ech gesot, dass dat net de Fall ass. Dat schreift sech also an e gréissere Projet an, deen hoffentlech kuerzfristeg wäert bei eis eragereecht ginn.

Generell hutt Dir den Observatoire ugeschwat. Dat ass eng nei Institutioun, déi en place kënnt. Et ass amgaangen. D'Ausschreiwunge sinn um Lafen, fir deen ze besetzen. Dat heescht awer net, dass net parallel eng Carte sanitaire och elo scho gemaach gëtt. D'Carte sanitaire ass am Fong geholl d'Basis, déi mer brauchen, fir no vir ze plangen, fir eng Analyse prospective ze maachen. An engem Zweejoresrhythmus ginn déi Carte-sanitaires erstallt.

Déi vun 2021 ass an der Endphas. Do konnt ganz normal a vernünfteg dës Kéier drop geschafft ginn. Dir wësst, dass déi vun 2020 ausgesat gi war weinst der Pandemie. Mee déi vun 2021 wäerte mer kréien. Et ass virgesinn, dass dat fir de Juli wäert de Fall sinn. Déi ass an der leschter Ligne droite.

Wat ass déi Carte sanitaire? Dat ass am Fong geholl en Inventaire vun all den Aktivitéiten, wou mer kënnen erausliesen, wéi genau eis Infrastrukture benotzt ginn, wéi se ausgelascht sinn. An dat ass dann d'Ausgangspositioun, fir nei Projektiounen ze maachen.

Den Observatoire ass an Zukunft, wann en operationell ass, fir déi Carte sanitaire zoustänneg a kann eis och beroden an Avisen dozou ginn. Mee nach ass den Observatoire eeben an der Ausschreiwung. Et wäert och eminent sinn, dass dee besat gëtt, soudass déi doten Aarbechte bei eis am Moment hausintern lafen.

Ech kann Iech awer Abléck ginn. Ech hunn déi provisoersch Versioun gesinn. Wéi gesot, déi Donnéeë sinn nach confidentiel. Déi sinn nach net validéiert an der leschter Ligne droite. Mee wat awer interessant ass, ass, dass mer weider eng Tendenz hu mat engem Accroissement um Niveau vun den Naissancen, déi iwwert déi lescht fënnf Joer gekuckt ëm 11,3 % läit. Dat ass vill.

An och fir mech war dat ganz opschlüsseräich: Mir gesinn eng ganz, ganz grouss Progressioun um Niveau vun den Accouchementer vun Netresidenten hei zu Lëtzebuerg. Mir schéngen also net esou onattraktiv als System ze sinn, well Leit iwwert d'Grenze bei eis eeben accouchéiere kommen. Dat ass aleng eng Progressioun, hunn ech mer soe gelooss, fir d'Joer 2020 vu 16,6 % nach eng Kéier.

Dat ass natierlech och e Phänomeen, deen een da muss verdéiwen. Wa mer bis déi Donnéeë gefestegt virleien hunn, da muss ee sech d'Fro stellen: Firwat ass dat? Ass dat weinst Désert médical ronderëm eis? Firwat si mir esou attraktiv an där Hinsicht a wat kann een do maachen?

Et muss ee wëssen, dass effektiv déi Non-résident-Accouchementer bis elo ni an d'Projektiounen agefloss sinn. Ech muss Iech awer soen: Wann dat effektiv eng Tatsaach ass – dat si jo och Assurée vun eis –, dass dat eis Spideeler d'araarteg belaauscht an deem dote Plang, da muss een deem natierlech och Rechnung droen. Dat heescht, do komme scho ganz interessant Informatiounen, déi mer wäerte virleie kréien, wou ee sech da muss positionéieren.

Dann hunn ech mer och soe gelooss, dass d'Zuel vun de Grossesses multiples, déi eeben och déi dote Servicer vill beusprochen, och ëmmer méi eropgeet. Am Moment, hautdesdaags, gi 6 % vun de Schwangerschaften zrëck op Traitements de fertilité. Dat ass och an der Progressioun an dat geet natierlech dann och Hand an Hand mat Situatiounen, déi soss éischter seele waren, op d'Jore gekuckt, mee mir hunn där Grossesse-multiplen, wéi et schéngt, eeben och lues a lues ëmmer méi.

Voilà, méi kann ech Iech leider zu dësem Zäitpunkt net soen. Déi nächst Etapp ass d'Carte sanitaire a fir de CHL, gleefft mer es, sinn ech och schonn harcelant quasi. Et ass eppes, wat ech ëmmer erëm froen.

Dir hat nach eng ...



**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Wannechge-  
lift, Madamm Ministesch, wierklech just eng ganz  
kleng Fro.

**M. Fernand Etgen**, Président | Jo.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Jo.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Wann Dir mat  
hinne schwätzt, mam CHL, an Dir frot si, wou si dru  
sinn, hu si Iech iergend eng Indicatioun ginn, wou se  
dru si mam Projet, a wéi enger Phas oder esou, oder  
kënn Dir dat guer net aschätzen?

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Et ass  
an der leschter Ligne droite.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | An der leschter  
Ligne droite. Ok, gutt.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | An der  
leschter Ligne droite, wat och ëmmer dat elo genau  
heescht, ...

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo. Merci.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | ... mee  
et ass, jo, e relativ komplexe Bauprojet, deen domad-  
der verbonnen ass. Et ass net just deen do Service,  
mee och aner Servicer, déi ëmgetässelt ginn, soudass  
dat schonn eng gréisser Komplexitéit huet.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm  
Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

## 7. Question élargie n° 144 de M. André Bauler au sujet de la fermeture provisoire de la maternité du Centre Hospitalier du Nord

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 144  
vum Här André Bauler iwwert déi provisoiresch Fer-  
meture vun der Ettelbrécker Maternité. An och hei ass  
d'Riedezäit fënnf Minutte fir de Froesteller an zéng  
Minutte fir d'Regierung. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. 2012 krut  
de Standuert Wolz vum Centre Hospitalier du Nord en  
neit medezinnescht Konzept. Eng Moderniséierung vum  
Spidol sollt eng no medezinnesch Grondversuergung  
am ländleche Raum garantéieren. Gläichzäiteg gouf  
d'Maternité op Ettelbréck verluecht, fir d'Aarbechtsop-  
deelung besser organiséieren ze kënnen an interna-  
tionale Sécherheetsnormen an deem Beräich gerecht  
ze ginn, déi e Minimum u Gebuerter pro Joer verlaangen.

Mir sinn eis all bewosst, dass eise Gesondheetssystem  
mat enger Penurie u Gesondheetspersonal ze kämpfen  
huet, virun allem och, wat d'Doktere betrëfft. Datt eis  
Bevëlkerung wiisst an ëmmer méi al gëtt, vereinfacht  
dës Situatioun natierlech net, ganz am Géigendeel.  
Laang Waardezäite si fir vill Patiente schonn haut eng  
Wierklechkeet.

Wéi akut de Problem awer tatsächlech schonn haut  
ass, huet eis déi zäitweileg Schléissung vun der Mater-  
nité zu Ettelbréck gewisen. D'Maternité ka bis ewell net  
méi funktionéieren, well net méi genuch Pediatere  
zur Verfügung stinn, fir de Berechtschaftsdéngscht ze  
gewärleeschten.

De Problem ass der Klinick scho laang bekannt – „zéng  
Joer laang“, soen engem d'Dokteren –, an de Betrib  
konnt just nach um Lafe gehale ginn, well verschidde  
Pediatere am Pensiounsalter aus Idealismus weider-  
geschafft hunn.

D'Penurie un Doktere wäert also net eréischt a 15 Joer  
en Impakt op eis Gesondheetsversuergung hunn. Dat  
wësse mer alleguer. Nee, si verursaacht haut scho  
reell Problemer um Terrain fir d'Patienten a fir dat

beträffend Personal. Besonnesch betrëff sinn eeben  
och dann d'Leit aus dem Norden. Am ländleche Raum  
ass et och soss net ëmmer evident, fir en Dokter ze fan-  
nen, a bis an d'nächst Spidol muss ee sech dacks wäit  
deplacéieren. Denke mer u Fraen, déi enceinte sinn an  
déi a méi entleeëne Géigende wunnen a sech wäit de-  
placéiere mussen, wann d'Wéie bis ufänken.

Deelweis brauch een, deemno wou ee wunnt, vun der  
Nordspëtzt bis an den Zentrum vum Land 50 bis 60  
Minutte mam Auto. Duerch dee laange Wee klammen  
déi gesondheetleche Risike fir Mamm a Kand. Och  
d'Wiederkonditioun muss een a Betruecht zéien. Si  
maache laang Deplacementen méi riskant.

De CHdN an de CHL hu séier e Konzept ausgeschafft,  
fir d'Maternité nees opzemaachen. Dat schéngt éisch-  
ter awer eng Iwwergangsléisung ze sinn. Duerfir muss  
laangfristeg awer gekuckt ginn, derfir gesuergt ginn,  
dass et hei bei engem Eenzelfall bleift an d'Maternité  
am CHEM net déi nächst wäert sinn, déi zoumaache  
muss.

Wichtig Gesondheetsservicer, wéi zum Beispill de gan-  
zen Urgendendéngscht, mussen och am Norde sécher-  
gestallt bleiwen. Eng eventuell Zentraliséierung vum  
esou Servicer wier nimools am Interêt vum Patient.

D'Soins primaires, den Urgendendéngscht an d'Mater-  
nité sinn essenziell a mussen duerfir séier erreechbar  
sinn. An deem Kontext wollt ech dann der Madamm  
Gesondheetsministesch e puer Froe stellen.

Souwuel den Dokter Romain Schockmel, Direkter vum  
CHEM, wéi och d'Associatioun vum den Hiewanen hunn  
drop opmierksam gemaach, datt d'Entscheidung fir  
d'Schléissung op eemol ganz séier koom, obwuel de  
Manktem u Pediatere scho laang bekannt ass. D'Perso-  
nal selwer gouf mat dëser Decisioun iwwerrascht. Fir-  
wat gouf also d'Fermeture vun der Maternité eréischt  
esou kuerzfristeg vum der Klinik kommunizéiert? Dat  
bedeit net nëmmen eng kuerzfristeg Ëmstellung fir  
d'Personal. Virun allem Fraen, déi eebe kuerz virum Ac-  
couchement stoungen, waren hei engem Stress ausge-  
sat. Hätt een do net matzäite virwarne kënnen? War de  
Ministère iwwerhaupt an dës Entscheidung matage-  
bonne ginn?

D'Schléissung vum der Maternité zu Ettelbréck werft  
och d'Fro op, wéi eng Servicer laangfristeg op deenen  
zwee Sitte vum CHdN, also Ettelbréck a Wolz, kënnen  
garantéiert ginn. Déi betraffe Bevëlkerung stellt sech  
eeben hei eng Rei Froen: Besteet et d'Gefor vu wei-  
deren akute Penurië bei den Dokteren? Ass geplangt,  
fir mëttelfristeg verschidde Servicer ze zentraliséie-  
ren, obwuel dat eng Verschlechterung vum der me-  
dezinnescher Offer an der Regioun bedeite géif? Huet  
d'Madamm Gesondheetsministesch eventuell Infor-  
matiounen, datt donneschdes anscheinend keen Ur-  
gentiste méi um Site Wolz verfügbar ass?

Dës Kéier war d'Maternité am Norde betrëff. D'nächste  
Kéier kéint et sinn, datt d'Maternité am CHEM net méi  
genuch Pediatere huet. An den nächste fënnf Joer  
geet do bal d'Hallschent vun de Pediatere an d'Pen-  
sioun an am Süden ass d'Bevëlkerungsdicht bekannt-  
lech nach vill méi héich wéi am Norden. U wat fir enge  
Léisunge gëtt also aktuell geschafft, fir d'Fonctionéiere  
vun der Maternitéen an Zukunft oprechtzuerhalen?

Gëtt et nach keng Bezuelung vun de Garden? Dowéinst  
ass et fir d'Spideeler schwier, déi néideg Dokteren  
ze fannen. Gëtt et konkret Iwwerleeungen, fir eeben  
d'Garden an de Spideeler ze bezuelen?

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet  
an der Madamm Minister e grouse Merci fir hir Änt-  
werten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här  
Bauler. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesond-  
heetsministesch Paulette Lenert.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Merci,  
Här President.

*(Interruptions et hilarité)*

**Une voix** | O, entschëllegt!

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Hu mer  
eis gefaasst?

**Une voix** | Jo!

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Lenert,  
loosst Iech net stéieren!

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Voilà!  
Merci fir dës Fro och nach eng Kéier. Dat ass natierlech  
en Aktualitéitstheema, bei deem jiddweree brennend  
op Niegekeete waart. Virop vläicht fänken ech vun han-  
nen un. Dir hutt gefrot: „Firwat ass dat esou kuerzfris-  
teg komm?“ D'Problematik allgemeng kenne mer. Déi  
ass och um Gesondheetsdësch bekannt, d'Penurie u  
spezialiséiertem Personal hei zu Lëtzebuerg, genau wéi  
an deenen aneren europäesche Länner. Ech hunn et  
virduun erwänt. Vill Leit kommen och op Lëtzebuerg,  
ëmmer méi, fir sech behandelen ze looszen.

Dat heescht, firwat ass et hei kuerzfristeg komm?  
Majo, well mer zu Lëtzebuerg a klengen Zuele schaf-  
fen. Hei ass d'Situatioun déi gewiescht, dass eng Ligne  
de garde vu véier Pediatere vun haut op muer op zwee  
reduzéiert ginn ass, an dat war net previsibel. Dat  
sinn elo net Départ-en-retraiten oder esou Saachen,  
mee et sinn zwee Leit, déi bannent enger selwechter  
Woch stënterlech krank gi sinn. Jonk Leit. Ech ginn elo  
net op d'Detailer an, mee dat ass u sech dat, wat ge-  
maach huet, dass et ganz akut ginn ass. Wann een eng  
Ligne de garde, déi souwisou schonn neelech fonctioné-  
néiert, vun haut op muer halbéiert duerch äusserlech  
Ëmstänn, déi am Liewe kënnen virkommen, dann ass  
dat natierlech eng Problematik, där een och kuerzfris-  
teg muss nokommen. Dat erkläert, firwat dat heiten,  
jo, vun haut op muer komm ass.

Selbstverständlech si mer iwwert de Wee vum Verwal-  
tungsrot domadder konfrontéiert gewiescht a selbst-  
verständlech hu mer och gesicht, zesumme mat deene  
concernéierte Servicer. Eis Servicer vun der Santé sëtze  
mat um Dësch, fir déi Léisungen do ze konzeptualiséie-  
ren an och a Musek ëmzesetzen. An deem Sënn ass de  
7. Abrëll eng Kommunikatioun erausgaange vun eiser  
Säit, an där mer matgedeelt hunn, dass mer e Konzept,  
deen ausgeschafft ginn ass, och guttgeheescht hunn.  
Hei geet et ëm d'Sécherheetsmoossnamen, ëm d'Stan-  
darden, déi mer festgesat hunn iwwert de gesetzleche  
Wee. An déi Léisung, déi hei muss fonnt ginn, muss  
natierlech assuréieren, dass déi Standarde geséichert  
sinn.

Dee Konzept fousst op enger méi enker Vernetzung  
mam Service national vum Centre hospitalier, dee  
fousst op enger verstärkter Disponibilitéit vun engem  
SAMU. Dat heescht, do sinn ënnerschiddlech Acteuren,  
déi musse mat d'accord sinn. Dat fousst awer och virun  
allem op enger neier Approche, déi mer huelen, fir iwwer  
Teleconsultatioun Experte bäizeschalten. Dat hate  
mer an deem Sënn nach net an dat ass elo an der Aus-  
aarbechtung. D'Prinzipie stinn. Do ware mer relativ  
séier kloer. Elo muss dat natierlech tëscht deenen een-  
zelen Acteuren am Detail duerchgeschwat ginn: Wat  
bedeit dat? Wéi ee Genre vu Consultatioun ass dat?  
Mat wéi engen technesche Supporte soll do geschafft  
ginn? Dat sinn déi Aarbechtsgruppen, déi intensiv lafen  
am Moment.

Ech kann Iech haut nach keen Datum soen. Ech rech-  
nen domat, dass dat an den nächste Wochen de Fall  
ass, mee do si vill Detailgespräicher. Ech mengen, de  
Corps médical, déi eenzel Corps-medicalen ..., do si jo

verschiddener, déi concernéiert sinn. Et sinn net nëmmen d'Pediateren. Et sinn d'Leit, déi d'Accouchementen maachen, et sinn d'Anästhesisten, déi mat concernéiert sinn. Et ass e SAMU iwwert de Wee vum CGDIS, deen hei mat implizéiert ass. Et ass d'Technik, déi gefuerdert ass, déi muss en place gesat ginn. An dat alles ass elo amgaangen, eebe schnellstméiglech a Musek ëmgesat ze ginn. Ech weess, dass si do wierklech sou gutt wéi all Dag ënnerwee sinn.

Haut de Moie ware Reunionen, hunn ech matkritt, wou ech um Büro war, an engem Büro niewendrun zu deem dote Sujet. Mee et wäert nach e weineg daueren. Ech kann Iech haut leider nach kee genauen Datum ginn. Esou wéi dat am Communiqué stoung. Soubal mer do eng Vue hunn, wéini dat kann erëm operationéiert ginn, wéini et kann opgoen, wäerte mer dat selbstverständlech matdeelen.

En attendant géif ech och nach gäre rappeléieren, dass mer och en Numéro d'urgence hunn. Iwwert den 112 kann een en Transport de malade kréien, wann ee muss an d'Maternité goen, fir do sécherzestellen, dass d'Leit net a mésslech Situatiounen kommen. Dat gëtt och iwwerholl en attendant an de CHdN suertg och derfir, wann eng Interventioun vum SAMU néonatal ass, dass selbstverständlech eng Hiewan aus hiren Ekippe mat u Bord ass, fir déi Transporten ze maachen, dass mer en attendant alles maachen, fir den Inconvénient fir d'Leit esou kleng wéi méiglech ze halen.

An d'Léisung brauch déi Zäit, déi se brauch. Déi muss sëtzen, dat muss klappen am Detail. A virun allem muss sech déi multidisziplinär Ekippen, déi hei gefuerdert sinn, net nëmmen op engem Site, mee eebe vernetzt tëschent zwee Sitten och wierklech eens sinn, wie wat mécht, wéi dat duerchgespillt gëtt. Dat dierft nach e bësselchen Zäit an Usproch huelen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Lenert.

## 8. Question élargie n° 145 de Mme Carole Hartmann au sujet des sages-femmes

Mir kommen elo zur erweiterter Fro Nummer 145 vun der Madamm Carole Hartmann iwwert d'Hiewanen. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann (DP)** | Merci, Här President. Madamm Minister, an enger Demande un d'Unesco huet Lëtzebuerg rezent d'Unerkennung vun der Hiewankonscht als immateriell Kulturierwen ugefrot. An deem Kontext an natierlech och am Hëllef op déi rezent Fermeture vun der Maternité zu Ettelbréck, déi jo schonn ugeschwat ginn ass, géif ech haut gären op d'Roll vun den Hiewane beim Accompagnement vu Schwangerschaften a Gebueren agoen.

Ee vun de Problemer an der Ettelbrécker Maternité, an dat ass och schonn ugeschwat ginn, ass deen, dass net méi genuch Pediatresch respektiv Neonatologie fonnt ginn, déi an enger Maternité nieft dem Gynäkolog an dem Anästhesist mussen present sinn am Fall, wou et bei enger Gebuert zu Komplikatiounen kënnt an de Pospelchen zum Beispill misst reaniméiert ginn.

Et ass kloer, dass eng Maternité muss outilléiert sinn, fir op all Komplikatiounen während enger Gebuert kënnen ze reagéieren.

Fakt ass awer och, dass vill, wann net souguer déi meescht Gebueren ouni Komplikatioun verlafen an u sech eleng vun enger Hiewan kéinte betreit ginn. Dat kann theoretesch an enger Maternité sinn, bei enger Hausgebuert, an engem Cabinet vun enger Hiewan oder och a sougenannte Gebuertshaiser. Déi temporäre Schléissung vun der Maternité zu Ettelbréck werft

dës alternativ Méiglechkeeten, fir e Kand op d'Welt ze bréngen, och hei zu Lëtzebuerg op. Eng ganz Rei Hiewane goufen d'ailleurs an de leschte Wochen no der Fermeture vun Ettelbréck och kontaktéiert, notament och fir méi Hausgebuerten ze maachen.

Dozou eng éischt Serie vu Froen un d'Madamm Minister. Wéi steet de Ministère generell dem verstärkten Zréckgräifen op Hiewane bei Gebuerte géintwärt? Ass eventuell ugeduecht, fir en Ënnerschied tëschent pathologeschen a physiologeschen Gebueren ze maachen, dëst well Hiewane jo och d'Kompetenz hunn, physiologeschen Gebueren eleng ze suivéieren, an dann och Gebueren, déi – wann d'Patientin dat och wëll – eleng vun Hiewane betreit ginn, ze fërderen, zum Beispill eebe bei de Leit doheem, an engem Cabinet vun enger Hiewan oder souguer an engem Gebuertshaus. Wéi steet de Ministère zu dëse Méiglechkeeten, déi jo och zu enger Entlaaschtung vun der Maternité féiere kéinten?

Fir d'Maternité zu Ettelbréck nees opzemaachen – et ass och scho gesot ginn –, goufen elo mol Mesur wéi d'Teleexperts mam Service de néonatalogie vum CHL souwéi d'Erhéijung vun der Disponibilitéit vum SAMU néonatal annoncéiert.

An Däitschland komme scho länger Hiewanenambulanz an den Asaz. Wann eng Ambulanz eng schwanger Fra siche firt, ass an deem Fall och ëmmer eng Hiewan derbäi. Och de CHdN huet de 7. Abrëll kommunizéiert, dass bei allegueren den Interventiounen vum SAMU eng Hiewan matfuere wäert, wann eng schwanger Fra concernéiert ass. Dozou eng weider Fro: Wéi steet d'Gesondheetsministesch dozou, Hiewanenambulanz landeswäit och kontinuéierlech anzeféieren?

D'Hiewanen hunn zanter Kuerzem dann och nei Attributiounen unerkannt kritt, dorënner d'Beckebodenrehabilitatioun oder och d'Suture vum Périnée souwéi nei Tarifier an der Nomenclature, déi zu 100 % vun der Krankeess rembourséiert ginn. Dat ass e ganz wichtige Schratt no vir. D'Hiewanen an hire Beruff kréie méi Unerkennung a si kënnen de schwangere Fraen esou nach eng besser Gesondheetsversuergung an och - begleitung bidden. Leider wësse vill Fraen iwwert dës Neierungen net oder nach net Bescheid an et schéngt och esou, dass d'Fraendokteren net ëmmer op dës Offer hiweisen.

Ausserdeem sollt de Gesondheetsministère och Formatiounen fir d'Hiewanen organiséieren, wou si hir nei Kompetenzen sollten erléiere kënnen. Dës Formatiounen goufen eisen Informatiounen no awer bis haut nach net ugebueden.

Dozou nach folgend Froen: Huet de Gesondheetsministère vir, d'Fraen nach méi iwwert déi nei Offer un Attributiounen vun den Hiewanen ze informéieren? A wéini kënnen d'Hiewane mat de geplangte Formatiounen rechnen oder ginn eventuell och änlech Formatiounen an deem selwechte Beräich vum Gesondheetsministère unerkannt?

Fir d'Gynäkologen ze entlaaschten an d'Betreiung vun der schwangere Fraen nach weider ze verbesseren, kéinten d'Kompetenzen vun den Hiewanen och nach erweidert ginn. Et kéint zum Beispill Sënn maachen, dass eng Hiewan souwuel Serologië verschreiwe wéi och deen Diabetestest maache kéint. D'lescht Fro dozou: Wéi steet de Gesondheetsministère zu enger zousätzlecher Erweiderung vun der Kompetenz vun den Hiewanen?

Ech soen Iech Merci fir d'Äntwerten.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Hartmann. An d'Wuert geet nach eng Kéier un d'Regierung, un d'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President. Och hei nach eng Kéier en Thema Gebueren, dat ëmmer erëm vill interesséiert. Hei geet et méi spezifesch ëm Gebueren doheem, Gebueren, déi assistéiert si vun enger Hiewan, déi net am Spidol solle stattfannen. Ech géif do vläicht fir d'éischt mat e puer Zuelen ufänken, fir dass mer eng Iddi hunn, wouvunner mer hei am Land schwätzen.

Mir hunn e Système de surveillance de la santé périnatale. SUSANA heescht dee System, deem säi leschte Rapport d'Zuelen zesummegeallt huet. Wa mer d'Joren 2015 bis 2020 kucken, gesi mer net wierklech, dass dat signifikativ an d'Luucht geet, contrairement generell zu den Naissancen, déi eropginn, wéi ech Iech virdru gesot hunn. Mir leien do op d'Joer gekuckt tëschent 13 an 29 Gebueren doheem.

Wann ech elo dat Joer kucken, wou déi meeschte waren, d'Joer 2016, do hate mer 21 Accouchementen doheem, 21 vun insgesamt 6.702 Gebueren. Do muss ee wëssen, dass vun deenen 21 Accouchementen, déi doheem waren, just 8 programméiert waren. Dat heescht, 8 vu 6.702 Fraen hunn deen dote Choix gemaach, fir doheem ze accouchéieren, bewosst a wëllentlech, während et bei deenen anere warscheinlech eng Präferenz gewiescht wär, an enger Klinik ze sinn, wou se sech vläicht méi sécher gespiert hätten.

Mir hu keng Informatiounen, dass dat soll eropgoen. Dat ass an deem Schreiwes, dat Der ugeschwat hutt, vun den Hiewanen duergestallt ginn, dass et eropgeet, mee wéi gesot, och do waarden op déi lescht Carte sanitaire. Vläch gëtt dat Opschloss, mee mir hu bis dato elo keng Informatiounen, dass do eng grouss Demande um Komme wär an déi dote Richtung.

Generell vläch eng Kéier zu deem Brëif, deen Der uschwätzt: Dat ass an engem administrativen Kontext. Mir sinn effektiv de 15. Abrëll mat engem Courier befaasst gi vun den Hiewanen. Deen ass bei eis an der Bearbechtung. Mir halen eis do strikt un d'Recommandatiounen de Bonnes pratiques administratives, fir esou Saachen a kuerzen Delaien ze beäntweren. Dir wësst, no dräi Méint gëllt eng Non-réponse als Refus.

Mir si bestreift, dat do virdru ze maachen, mee an zwou Wochen hu mer net alles bearbecht, scho guer net, wann et Demandé sinn an deem heite Genre, déi dann dispatcht ginn engersäits un eng Sécurité sociale, anersäits un eng Direktioun, fir aviséiert ze ginn, soudass ech zu deem Courier elo nach net genuch Elementer virleien hunn, fir mech ze positionéieren. Ech géif et och generell net glécklech fannen, wa mer eis administrativ Ufroen heihinner verlagere an dann hei bearbechten. Do musst Der mer e bëssen eng Chance ginn, och déi néideg Informatiounen zesummenzëkréien.

Wéi ass et elo generell? Dir hutt d'Fro gestallt, ob ech als Santéminister géif de verstärkten Accouchement à domicile facilitéieren. Ech respektéieren déi Attributiounen, déi bestinn, an d'Recht, dat jiddwereen huet, dat ze froen. Ech muss Iech awer ganz éierlech soen, dass dat eppes ass, wat ech perséinlech net wäert groussaarteg fërderen. Ech hu selwer ... Meng elsten Duechter, déi hätt ech haut net, wann ech an engem Gebuertshaus accouchéiert hätt oder doheem. Déi wär mat Sécherheet gestuerwen, wa se net bannent kierzter Zäit op engem Plateau technique gewiescht wär.

An dat ass och eng Approche, déi am Moment an der Direktioun vun der Santé gedeelt gëtt. Mir setzen op maximal Sécherheet. Gebuerte sinn an der Reegel eng schéi Saach. Déi meescht gi riicht aus, mee et gëtt och Fäll, wou iwwerhaapt nëmicht drop higeditt huet, dass Komplikatiounen kommen. Dat war bei mir zum Beispill de Fall a bei anere Leit, déi ech kennen, och, wou dann a leschter Sekonn Komplikatiounen



optauchen, a wou all Minutt zielt, fir op de Plateau technique ze kommen.

An deem Sënn si mir éischter bestreift, deene Problemer nozekommen, déi mer virun ugeschwat hunn, fir eis Spideeler esou opstellen, dass se d'Urgencé schnell kënnen en charge huelen, dass mer wierklech eng effizient Ulaftell bidden an dat néidegt Personal sur place hunn, wann déi Urgencé sinn. Et ass do, wou et ëm Liewen an Doud geet. Eng natierlech Gebuert ass sécherlech ganz schéin an ech wënsche jidderengem déi, mee leider Gottes kënt et och zu Komplikatiounen. Et ass do, wou Liewen um Spill steet, ganz oft d'Liewe vun der Mamm a vum Kand. An esou Situatiounen brauche mer eist spezialiséiert Personal gebündelt, idealerweis do, wou dann zesumme ka geschafft ginn.

Do ass Pluridisziplinaritéit gefuerdert. Dat war d'Theema vun deene Froen, déi mer hei virun haten. An et ass schonn net einfach, dat ze assurieren, soudass ech Iech muss soen, dass mer natierlech jiddwerengem säi Choix respektieren, awer Dir wäert et vu mir ... Ech war och ganz interesséiert: Ech hunn d'Walprogramme gekuckt, ech hunn dat och néierens esou als Iddi fonnt, dass dat soll gefërdert ginn, weeder an de Walprogramme vun de Regierungsparteien nach am Regierungsprogramm. Ech sinn och doriwwer eraus, muss ech soen, ganz frou, wa mer dat, wat mer um Leesch hunn, nach iergendwéi evaküiert kréien. Dat hei ass elo net en Dossier, deen an där Hisiicht prioritär wäert sinn.

Mir sinn och d'ailleurs net saisiert vun engem Konzept vun esou engem Gebuertenhaus, dat ugeschwat ginn ass. Esou eng Demande läit net vir. Et ass also och net an der Bearbechtung. Wann dat awer sollt de Fall sinn, wäerte mer dat natierlech och kucken an eis domadder ausenansetzen, mee am Moment läit esou eng Demande net vir. Dat géif jo och bedeiten, dass esou e Konzept am Accord misst erschafft gi mat deene concernéierte Médecin-spécialisten: de Gynekologen, den Hiewanen, den Anästhesisten, jiddwerengem, deen do matgeuerdert ass. Do ass eng gewësse Proximitéit vum Spidol an eng Kooperatioun, eng Vernetzung natierlech extreem wichteg, wann een esou eppes mécht.

Ech géif Iech och gären drop hiweisen, dass Gebuerts-haiser oder esou Saache verstärkt a Länner sinn, wou justement déi Désert-médicall vill méi ausgeprägt sinn. Wann een de Choix huet, Honnerte Kilometeren ze fueren, fir an eng Maternité oder an e Gebuerts-haus ze goen, mécht ee vläicht éischter de Schratt dohinner, wéi wann een, wéi hei zu Lëtzebuerg, awer nach relativ schnell ka bedéngt ginn.

Dir hutt d'Attributiounen ugeschwat. Déi sinn am Règlement vum 22. November 2019 aktualiséiert ginn, och der Direktiv ugepasst ginn. An effektiv si Formatiounen, déi do ufalen. Do ass de Marché public am Moment um Lafen. Dat ass eng gréisser Geschicht. Dat ass e Marché public européen. Dat brauch ech Iech net ze erklären, wat dat vu Prozedur ass. Déi wäerten an den nächsten zwou Woche publizéiert ginn. Dat heescht, de Cahier des charges steet am Detail mam Contenu an dann hëlt dat säin normale Laf. Mir viséieren, dass déi Formatiounen fir September sollen ulafen.

Wat elo de SAMU ugeet – Dir hat et ugeschwat, ech hat et och schonn ugeschwat –, ass et am Moment d'Praxis, wann de SAMU néonatal fiert, dass do effektiv eng Hiewan mat u Bord ass. Do si mer erëm bei deenen Urgencen, bei deene mei seltenen, awer dass besteeënd Fäll, déi et nun eeben emol gëtt. Ob mer dat generaliséieren, ass och eng Fro vu Ressourcen a vun Disponibilitéit, och vu Käschten natierlech. All neie Service huet e Käschtpunkt, setzt natierlech och

Gesprécher mat enger CNS a mat engem Finanzministère viraus, fir ze kucken, ob een op dee Wee geet. Am Moment ass et esou, dass, wann eng Begleedung ass, dat muss mam Accord vum Direkter vun deem concernéierten Établissement hospitalier geschéien, deen och muss d'Decisioun ginn, säi Personal do fräizeginn.

Ech ka mer virstellen, dass wa grad dräi Urgencen um Plateau sinn, et vläicht net ëmmer méiglech ass, eng Hiewan mat erauszuschécken. Wa se disponibel sinn, ginn ech dovun aus, dass dat och gemaach gëtt. Mee mir falen ëmmer erëm op d'Problematik vu limitéierte Ressourcen zrëck. Asoufern ass eis Prioritéit wierklech, do d'Qualitéit an d'Expertise beieneenzebréngen, wou mer se brauchen, do wou et wierklech ëm Liewen an Doud geet, wou mer déi néideg Qualitéit an déi néideg Reaktivitéit mussen assurieren. A wann déi aner Dossiere sollten op d'Dagesuerdnung kommen, wäerte mer se natierlech esou behandelen, wéi dat richtig ass. Mee dat ass am Moment nach net de Fall.

Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools der Madamm Gesondheitsministesch.

## 9. Motion de M. Léon Gloden relative aux examens radiologiques extrahospitaliers

*(Motion déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 15 de ce compte rendu)*

Mir kéimen dann elo zur Motioun, déi am Ufank vun der Sitzung vum Här Gloden deposéiert ginn ass. Wie wëllt nach d'Wuert zu dëser Motioun ergreifen? D'Madamm Gesondheitsministesch.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé |** Jo, merci, Här President. Dat ass jo déi, déi virun, wou ech nach net heibanne war, virgestallt ginn ass? Mir schwätze jo vun där selwechter? Jo, gutt.

Majo e puer Wuert dozou. Dir berufft Iech op d'Delai-d'attenté fir d'IRMen. Déi si mer eréischt rezent amgaangen ze evaluieren. Ech sinn erstaunt, wann Dir se schonn hutt. Mir sinn amgaangen, se zesummenzebréngen, fir se wierklech aktualiséiert ze hunn.

Dir berufft Iech an Ärer Motioun och op en Avis vun der Cour constitutionnelle, deen den Artikel 19 vun der Législation hospitalière als net konform zu der Verfassung zrëckgehalen huet. Dat ass emol éischters en Arrêt, et ass en Urteel, dat 2019 do geschwat ginn ass. An ech géif nach eng Kéier gäre kloerstellen – ech hunn et schonn e puermol gemaach –, dass et net den Artikel 19 vun der Législation hospitalière ass, wéi Dir schreift. Et ass eebe justement net dat Gesetz, dat hei Sujet vun deem Contentieux war. Et ass d'Spidolslegislatioun. Déi ass vun 2018. D'Législation hospitalière, déi Dir hei viséiert, stoung iwwerhaapt net zur Debat an deem ganze Contentieux, dee geféiert ginn ass. Dat sinn zwee verschidde Sette vu Legislatioun.

Ech hat scho mehrfach d'Geleeënheet, dat ze ënnersträichen. Et gëtt e Spidolsgesetz vun 2018, dat Monopoler kreéiert, dat seng eegen Ausféierungsbestëmmungen huet iwwert de Wee vum Règlement grand-ducal. Do gëtt et och e Règlement grand-ducal, deen a sengem Artikel 2 ganz kloer a straightforward seet, dass en IRM ausschliisslech an engem Service hospitalier ass.

Dat ass d'Législation hospitalière, op déi Dir Iech berufft. Mee dat ass awer net déi, där hiren Artikel 19 als net verfassungskonform zrëckgehal e ginn ass. Dat ass e ganz anert Gesetz. Dat ass d'Gesetz vum 29.

Abrell 1983 iwwert den Exercice vum Beruff vum Dokter. Dat sinn zwou komplett verschidde Legislatiounen. Asoufern fannen ech et e bësselche verwirrend bei där ganzer Verwirrung, déi souwisou scho ronderëm dat Thema hei ass, esou eppes nach eng Kéier ausdrécklech an enger Motioun esou duerjerneen duerzestellen.

Da frot Der, dass Diskussiounen mat der Commission de nomenclature solle weidergeféiert ginn, fir eeben am Extrahospitalier en Tarif ze kréien. Dir wësst, dass mer der Meinung sinn – dat wëssen och déi Exploitanten –, dass den IRM am Moment dem Secteur hospitalier virbehalen ass. Do gëtt et nach keng Finanzéierungsmechanismen.

An Dir wësst och – ech mengen, do hate mer och schonn oft d'Geleeënheet, wou mer de Bilan gemaach hunn, den Tëschebilan vum Gesondheitsdësch –, dass mer aktuell Aarbechte lafen hunn, fir e Kader ze schaffen, fir eng Planifikatioun am Extrahospitalier hierzustellen. Dat sinn Aarbechten, déi sécherlech a Verzug komm sinn, mee déi nawell an der leschter Ligne droite sinn. Mir kommen do gutt virun. Dat heescht, d'Bestriewunge vusäit vun der Santé mat deenen eenzelnen Acteure ronderëm den Dësch sinn, fir schnellstméiglech e Kader ze schaffen, deen awer eng Planung am Secteur extrahospitalier en place wäert setzen, deen deementsprechend Finanzéierungsmechanismen – dat wäerten och nei Finanzéierungsmechanismen sinn – undenkt. Dee Kader wäert eis fir d'Zukunft erlaben, hei am Land eng gutt geographesch Verdeelung ze hunn, fir och de Besoine gerecht ze ginn, déi mer hunn.

Mir sinn och elo erëm eng Kéier amgaangen, genaustens ze evaluieren, wéi et mat den Delaie steet. Mir si säit 2018 vu 7 op 11 IRMen eropgaangen hei am Land. Do kréie mer elo eréischt lues a lues Donnéeën. Mir wäerte der och iwwert d'Carte sanitaire kréien. Et muss een och wëssen, dass déi aktuell Zuelen, also d'Delaie, zrëckgaange sinn, vläicht net esou vill, wéi ee sech dat hätt kënnen erwaarden, wat awer natierlech och pandemiebedéngt ass. Villes ass während der Pandemie ausgesat ginn. Dat heescht, do ass elo e bëssen esou en Opschaffe vu Saachen, déi geschleeft hunn. Et muss een an aller Rou evaluieren, wat d'Besoinen sinn. Dat sinn Aarbechten, déi lafen, wou mer och Modeller analyséiere vum Ausland, wou Planunge gemaach ginn.

D'Positioun vun der Regierung – do hate mer eebe beim Tëschebilan vum Gesondheitsdësch schonn d'Geleeënheet, déi duerzeleeën –, ass net, fir einfach opzemaachen, mee esou deier Investissementer wierklech iwwert d'Spidolsgesetz – wa se iwwer 250.000 Euro leien, an d'ailleurs och erëm eng Kéier expressis verbis enger Planung ënnerleien – ze accordéieren, fir och do an enger Planungslogik ze bleiwen an déi eeben auszedeeenen eraus op den Extrahospitalier, wat mer haut net hunn, dat ass kloer. An dat sinn Aarbechten, déi lafen.

An deem Sënn géif ech och gären drop hiweisen – Dir frot hei, dass mer solle schnellstméiglech Texter deposéieren, fir dass den IRM um Potaschbiërg, vun deem der rieds hutt, soll kënnen fonctionéieren –, dass mer bestreift sinn, eng global Léisung fir eist Land en place ze kréien. Mir maachen hei net e Gesetz sur mesure fir de Potaschbiërg. Mir si säit mëttlerweil zwee Joer op enger Schinn ënnerwee, déi an d'Richtung geet vun enger Planung am Extrahospitalier. An déi soll generell fir all Justiciabel gëllen. Fir jiddwereen, deen esou eppes wëllt ubidden, sollen déi selwecht Ramebedéngunge gëllen. Déi Ramebedéngunge sinn an eisen Aen extreem wichteg, soudass dat net eng schnell legislativ Léisung wäert sinn, fir eppes ze regulariséieren, wat een – contrairement zu deem, wat ee geschriwwen kritt huet –, opgemaach huet.

Mir hate schréftlech drop opmierksam gemaach, dass et an eisen Aen net konform ass zu den Ausföhrungsbestëmmunge vum Spidolsgesetz. Dat ass elo geschitt. Wat mer maachen – an dat kann ech hei nach eng Kéier ënnersträichen –: Mir sinn natierlech am Sënn vun de Patiente gewëllt, eis mat sämtlechen Acteuren zesummenzesetzen.

Dat maache mer och intensiv iwwert déi lescht zéng Deeg, fir ze kucken, ob een deen dote Projet kann an déi besteeënd Rumm erabréngen, dass een e gegebenefalls iwwert de Cadre hospitalier, iwwert de Wee vun enger Antenne hospitalière ka lafe loosson. Mee dat ass alles „open end“. Dat setzt natierlech viraus, dass e Spidol sech do bereet erkläert, mat dësen Acteuren zesummenzeschaffen. Dat si Gespréicher, déi mir am Moment intensivst facilitéieren, well och dat eng gewësse Kreativitéit erfuerdert. Do gëtt et nach Méiglechkeeten, mee nach muss sech all déi Acteuren, déi do concernéiert sinn, erëmfannen. Et muss ee wëssen, dass déi Dokter, déi beispillsweis elo hei aktiv sinn, mat kengem Spidol konventionéiert sinn. Déi brauche keng Garden ze maachen.

Et ass virun ugeschwat ginn. Ech mengen, ech hat déi Fro net beäntwert. Ee vun den Deputéierten hat no der Thematik vun de Garden an der Remuneration vun de Garde gefrot. Wann Der erlaabt, Här President, géif ech dat och ënnersträichen. Och do hu mer Aarbechtsgruppe ronderëm de Gesondheitsdësch lafen, déi zimmlech an der leschter Ligne droite sinn. Dat soll bezuelt ginn. Dat ass en neie Moment a mir sinn do an den Tariffverhandlungen, wéi dat esou ass an deene Saachen. Mee och hei nëmmen, fir ze illustréieren, dass dat, wat hei geschafte ginn ass, laanscht all d'Reegele leeft, déi mir am Moment an deem Land hei hunn.

Radiologe sinn duerch hir Aktivitéit un e Spidol gebonnen, sinn dann och un e Kollektivvertrag vun enger FHL gehalen, si gehalen, an de Garde matzemaachen, déi extreem wichteg sinn. An dat ass hei eeben alles net ginn, soudass ech nach eng Kéier Schwierigkeeten domadder hunn, wa gefrot gëtt, e Gesetz sur mesure fir e bestëmmte Projet ze maachen. Mir schaffen am Interêt général, am Interêt vum Land an net sur mesure fir e Projet, wou Fakte geschafte gi sinn!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Lenert.

Da freet den Här Claude Wiseler d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Merci, Här President. Ech hunn der Madamm Lenert elo gutt nogelauschert an ech hunn och gelauschert, wat se an hiren Interview gesot huet, déi Wochen an déi Deeg virun.

Dir maacht elo hei, wéi wa mir géifen eng Léisung froen, déi just op een Dossier ugepasst ass. Dat wier an eiser Motioun esou festgehalten.

(Brouhaha)

**Une voix** | Hei steet „telles que“.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Genau, liest emol dee leschte Saz. Ech liesen dee leschte Saz vir: datt mer hei „[...] puisse être exploité dans les plus brefs délais dans des structures extrahospitalières telles que [...]“. Dat heescht, mir hätte gär eng Léisung fir déi Situatioun do am Allgemengen, um Potaschbiereg an op anere Plazen. An ech verbidden hei, datt gesot gëtt – gradesou wéi den Här Kersch dat virun ugedeit huet –, datt deen een oder aneren Interëten huet. Nee, mir suergen hei fir d'Patienten a fir d'Wuel vum Land. An dofir hätte mer éischens gär eng generell Léisung.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Zweetens, wann da gesot gëtt, mir géifen hei eng schnell Léisung fuerdere fir e Problem, deen awer misst grouss Concertatiounen brauchen: Jo sécher braucht dee Problem grouss concertatiounen! Ech erënnere awer just drun, datt déi éischt Demande schon 2017 eragaangen ass, datt mer vun 2019 en Urteil hunn an datt d'Cour constitutionnelle och 2019 gesprach huet, fir a sech een Text anticonstitutionnel ze erklären a fir d'Reglement, dat existéiert huet, och an deem Sënn anticonstitutionnel ze erklären.

Da seet d'Madamm Minister, dat wat elo geschitt wär, wär a sech net hiert Verständnis vum Rechtsstaat. Ech soen Iech, wat mäi Verständnis vum Rechtsstaat ass. Mäi Verständnis vum Rechtsstaat ass, wann e Gesetz respektiv en Artikel vun engem Gesetz anticonstitutionnel erkläert gëtt, wann a sech och e Règlement net verfassungskonform erkläert gëtt ...

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Et ass net dat Gesetz, wat Dir zitéiert. Et deet mer Leed.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Also ech soen Iech just, wat mäi Verständnis vum Rechtsstaat ass. Wann d'Situatioun déi ass, datt verschidde weesentlech Texter an dem Gesondheitssystem als anticonstitutionnel erkläert ginn, dann ass et un enger Regierung, eng Léisung ze fannen, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | ... esou schnell wéi méiglech eng Léisung ze fannen. A wann Dir sot, mir diskutéieren a mir diskutéieren, mir müssen elo schnell eppes fannen, da soen ech Iech: Dir hutt elo dräi Joer – oder dräi sozialistesche Ministeren waren amgaangen, deen Exercice do ze maachen –, fir eng Léisung ze fannen. A mir sinn nach ëmmer néiers! An datt Der dann anere Leit reprochéiert, si géifen elo Fakte schafen ... Mee et ass normal, datt d'Leit probéiere weiderzecommen, well mir e richteg Problem am Land hunn!

Wann da Léisunge gesicht ginn, déi Iech vläicht net arrangéieren, kann ech verstoen, datt Der dat net gären hutt. Mee mir soen awer: Är Responsabilitéit als Minister wär gewiescht, eng Situatioun ze schafen, déi kloer an däitlech ass an déi och gangbar ass fir jiddwereen. Dat wär Är Responsabilitéit gewiescht an dat ass an deene leschten dräi Joer net geschitt.

D'ailleurs interprétiere mer dee Gesetzestext 2018, op deen Dir Iech berufft, anescht wéi Dir, well mir der Meinung sinn, datt déi Zort vun Zentren net ënnert d'Loi hospitalière falen. An eng ganz Rei vun Avis-juridique ginn an déi selwecht Richtung.

A wat an eisen Aen nach méi kloer ass: Wann Är Interpretatioun och richtig wär, da mengen ech, géif dat Ganzt géint den Artikel 11 vun der Constitutioun iwwert d'Liberté d'exercice verstoussen, et géif géint d'Égalité devant la loi verstoussen, et géif géint den Artikel 49 Alinea 1 vum europäeschen Traité verstoussen iwwert d'Liberté d'établissements an et wären och eng ganz Rei Schwierigkeeten mat der Atteinte au droit de la concurrence, esou wéi en an den EU-Texter festgeluecht gëtt.

Dat, wat mir hei froen, ass, datt déi hei Situatioun elo geléist gëtt an datt mer eng uerdentlech Situatioun fir d'Zukunft kréien. Ech mengen, dat ass Är absolut Responsabilitéit fir d'Patienten!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Wiseler. Dann hat den Här Mars Di Bartolomeo d'Wuert gefrot an duerno den Här Fernand Kartheiser. Fir d'éischt den Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Merci. Merci, Här President. Am Regierungsprogramm ass ugekënnegt ginn, dass dës Regierung sech géif iwwerleeën a studéieren, fir och eng Rei vu Strukturen am extrahospitalière Beräich ze erméiglechen.

Dozou sti mir ohne Wenn und Aber. Nach wëll ech awer ënnersträichen, dass esou Strukturen no geregelte Forme sollen entstoen no enger Rei ...

(Interruption par M. Claude Wiseler)

Här Wiseler, loosst mech gradesou ausschwätzen, wéi ech Iech ganz héiflech ausschwätze gelooss hunn a wéi dat d'Gepflogenheet tëschent eis ëmmer ass.

**Une voix** | Den Här Kersch ...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Nach, nach ... Ech schwätze vum Här Wiseler a vu mir.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | An den Här Kersch ass maans genuch, fir sech ze verteidegen, wann dat noutwendig soll sinn.

Nach solle kloer Reegelen duerfir opgestallt ginn. An déi Reegelen heeschen: Wann aussergewöhnlech an net akzeptabel Waardezäiten do sinn, da muss no regionale Krittäre kënnen nogerüst ginn. An do, mengen ech, muss ee kënnen soen, dass den Osten, deen net d'Strukturen huet, déi anerer hunn, selbstverständlech vir an der Rei steet, wann et ëm d'Attributioun vun esou Strukture geet.

Da brauche mer kloer Reegele fir de Fonctionnement vun deenen Zentren. Ech weess bis haut net, wee genee an deem Zentrum schafft, ween dat Personal ass, no wat fir enge Konditiounen dat Personal schafft, wat d'Qualifikatioun vun deem Personal ass. Ob d'Continuité des soins garantéiert ass, weess ech net. Ech hu probéiert, dat erauszefannen. Ech hunn dat bis elo net erausfonnt.

Wann den Här Gloden dat weess, ass hie privilegiéiert vis-à-vis vum President vun der Gesondheitskommission. Ech kann Iech dat jiddefalls net soen!

A wann et eis ëm den Interêt vum Patient geet, da muss de Patient wëssen, wien en do behandelt, no wat fir enge Konditiounen, a wann eng Urgence do ass, ob deen Zentrum och an Urgence fonctionéiert oder wouhin dee Patient sech da soll richten.

Ech weess haut nach net, ob et eng staark Partnerschaft mat engem Spidol gëtt, wat awer am Interêt vun eis alleguer sollt sinn, dass esou eng Partnerschaft soll sinn.

Da fannen ech an der Motioun vun der CSV eng Rei vu Behauptungen, déi ech esou net kann am Raum stoe loosson. Éischens ass déi Klo wéinst dem geplangten Zentrum zu Gaasperech agereecht ginn, net, wat Gréiwemaacher ugeet. Zweetens leie keng Geneemegunge fir d'Ouverture vun esou engem Zentrum vun der Santé vir. Et leie just Abname vum Straleschutz vir, dass déi Apparate konform zum Straleschutz sinn, a vun der ITM, dass déi Lokalitéite geneemegt sinn, wou ee sech och nach d'Fro ka stellen, ob esou Zentren an Industriezone kënnen fonctionéieren an ob e GIE ...

(Interruption)

... – wannechgelift –, an ob e GIE déi richteg Struktur ass, fir esou e Centre médical kënnen ze exploitéieren.

(Interruption)

Jo, mee ech stellen ... Dir schéngt jo d'Äntwert op déi dote Froen ze hunn, soss géift Der net soen, dass deen Zentrum do opgoe muss. Wat fir eng Krittären erfüllt deen? Hei geet et net ëm e Kamellebuttek. Hei geet et ëm en Zentrum, hei geet et ëm en Zentrum



mat ganz schwéieren Apparaten, déi Wartung brauchen, déi Personal brauchen, déi spezialiséiert Doktere brauchen!

(Interruption)

A mir sinn eis iwwer eppes eens, mir sinn eis iwwer eppes eens. Mir sinn eis eens, dass den Interêt vum Patient muss priméieren an net dee vun engem Privatinvestisseur an Zesummenaarbecht mat Dokteren, déi net alleguer – ech hu kee Problem do dermat – Doktere sinn, déi vun hei kommen, a Personal, dat vun hei kënnt, mee déi zum Deel wéi Cityhopperen eriwwe kommen. Do muss ech Iech soen: Wann et eis wirklech ëm den Interêt vum Patient geet, da gi mer op dee Wee, deen d'Madamm Minister ugezechent huet, dass mer hei fir dësen Zentrum – a wann en Zentrum d'selwecht gelagert ass wéi dësen – eng pragmatesch Solutioun fannen, ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dat huet den Här Gloden och gefrot.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | ... schnell eng pragmatesch Solutioun fannen, an da gradesou séier déi Reegelen, déi Planifikatiounsreegelen, déi mer brauchen, op d'Been ze stellen, fir dass esou Strukturen no deene Konditiounen kënne fonctionéieren, déi mer festhalen an enger staarker Allianz mat Spideeler, an enger staarker Zesummenwirkung zwëschen deene Prestatiounen, déi et am Spidol gëtt an dobaussen; dat heescht d'Continuité des soins mat klore Konditiounen fir dat Personal, dat do agestellt gëtt.

A fir eis kann et nëmme sinn, wann déi selwecht Strukturen dobausse fonctionéieren, dass dat Personal och no deene selwechte Konditiounen muss behandelt gi wéi d'Personal no bannen. Dat ass am Moment net de Fall!

Also, wa mer alleguer der Meenung sinn, dass d'Interête vum Patient an d'Interête vun deene Leit, déi do schaffen, primordial sinn, da muss mer eis nach e bëssen Zäit loosse an net – an net! – eppes encouragéieren, dat zumindest ganz zweifelhaft ass vis-à-vis vun der jëtzeger Gesetzgebung, a Fakte schafen um Terrain, well déi Fakten, déi hei geschafte ginn, an dat soen ech Iech an ech ginn Iech dat, wéi d'Kollege mer virdru gesot hunn, schréfflech op eng Saltut: Wann dat heiten d'Reegel fir d'Zukunft soll sinn, da komme ganz aner Acteuren op de Lëtzeburger Territoire an da wäert Der gesinn, dass déi selwecht, déi hei aus der Héft schéissen, bei eis kräische kommen, dass Struktur vun dëssäit vun der Grenz hei no Konditiounen operéieren kommen, déi net eis sinn, mee déi drop eraus sinn, fir massiv Geld mat der Santé ze verdéngen. An dat ass net déi Santé, wéi mer eis se virstellen!

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. No de Riede vun zwee LSAP-Gesondheitsministern, déi am Abléck hei am Land sinn – esou hunn ech den Androck –, wéilt ech nach vläicht e puer Wuert vun eiser Säit aus derbäisoen.

Mir wäerten déi Motioun vun der CSV ënnerstëtzen.

**Une voix** | A!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An zwar ... Mir hunn dat viru 14 Deeg och ugereegt: Deemools huet d'CSV gesot, eis Motioun wär net esou perfekt libelléiert a si géife sech enthalten. Déi heiten ass och net perfekt libelléiert. D'Madamm Gesondheitsminister huet op déi eng oder aner Problematik opmierksam

gemaach. Eis stéiert dat net. Mir ënnerstëtzen dat, well mer einfach soen: Et ass wichteg, dass mer endlech Progrèsen do maachen.

Den eenzege Wee, fir d'LSAP ënner Drock ze setzen, ass, déi Motiounen no vir ze bréngen, fir ze soen: Den Interessi vum Patient gëllt, déi regional Gesondheitsversuergung muss fonctionéieren. An et geet net anescht, wéi iwwer Motiounen a permanente politeschen Drock, well ganz kloer: Mir hu jo hei am Land Entwécklungen am Gesondheitswiesen, déi fir eis net méi tolerabel sinn. Wat hu mer dann? Mir hunn ëmmer méi eng Zwouklassemeezinn. Déi eng, déi kënne an d'Ausland goen, fir sech behandelen ze loosse. An déi aner, déi hunn hei am Land Problemer, fir iwwerhaapt behandelt ze ginn! Dat ass jo och keng Méiglechkeet!

Mir hunn de Problem vun der Attraktivitéit vun de medezinnesche Beruffer fir Dokteren, mee och fir aner Kategorië vu medezinneschem a paramedezinneschem Personal. Mir geroden ëmmer méi an eng richteg problematesch Situatioun vun eisem Gesondheitswiesen eran. Firwat? Majo, et ass ganz kloer an eisen Aen, dass déi LSAP, déi säit Joren dee Ressort ze verantworten huet, an eng Richtung gaangen ass, déi einfach deene modernen Zäiten net méi entsprécht.

Mir hunn en Defizit am Gesondheitswiesen, an et ass der CSV hiert an eist – well, wéi gesot, mir ënnerstëtzen dat haut, wat si hei presentéieren – gemeinsaamt Uleies fir ze soen: Mir kënne net esou virumaachen! A wann dat déi eenzeg Méiglechkeet, deen eenzege méigleche Wee ass, da muss mer et soen.

D'Madamm Minister huet selwer gesot, si géif säit Joren – säit zwee Joer, mengen ech, hat se gesot – iwwert de System vun de Gardén an de Spideeler verhandelen. Mee dat ass en akute Problem fir d'Dokteren! A mir hu jo och gesinn an der leschter Zäit, wat d'Resultat ass. Mir hu virdru iwwert d'Maternité diskutéiert an esou weider. Mir gesi jo, zu wat dat féiert: Zwee Joer Diskussiounen iwwer eppes, wat een awer relativ séier kéint léisen, wann e guddé Wellen do wär. Dat sinn dach keng Zoustänn, déi mer kënne akzeptéieren!

Also, fir eis ass ganz kloer: En ass vläicht emblematesch, deen heiten Dossier Potaschbiere, et kënne och anerer sinn, mee deen Defizit an enger Gesondheitspolitik, wéi d'LSAP se elo säit x Legislaturperiode bedreift – déi éiweg Regierungspartei, dat ass d'LSAP, et ass net eng aner –, déi huet hei versot a mir wäerten dat hei matënnerstëtzen an engagéiert derfir anrieden, dass d'Rechter vun de Patienten hei am Land besser vertruede ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. Dann hat den Här Kersch d'Wuert gefrot.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Vu dass ech jo och direkt ugeschwat gi sinn, probéieren ech dann awer nach éischtens emol menger Satisfaktioun Ausdrock ze verleien, dass d'CSV awer zumindest duerch d'Wieder vum Här Wiseler hei zum Ausdrock bréngt, dass se wéilt eng Léisung sichen am Interêt vum Patient, an net eng Léisung fir e spezifesch Projekt, deen eeben elo dann am Osten entstanen ass. Dat ass emol schonn, mengen ech, e Fortschrétt.

(Interruption)

Dat ass e Fortschrétt par rapport zu deenen Aussoen, déi Äre Virriedner vun Ärer Fraktioun ...

**M. Léon Gloden** (CSV), auteur | Et ass net wouer, Här Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | ... gemaach huet, ...

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Elo geet et awer duer.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | ... dee gemengt huet, hie wär dee Responsabelen, deen derfir gesuergt huet, dass d'Gesondheitspolitik elo endlech och an den Osten antrëtt.

Ech mengen net, dass mer hei sollten eng Diskussioun féieren tëschen de Regionnen, mee et geet drëms, fir eng national Gesondheitspolitik insgesamt op de Wee ze kréien. An deem Sënn begrëissen ech dann och déi Stellungnam, déi den Här Wiseler hei geholl huet.

Et geet effektiv ëm den Interêt vum Patient. Ech hunn och festgestallt, dass den Här Gloden zumindest an enger Reaktioun op main Tëscheruff vu virdru net bestridden huet, dass bei deem konkreete Projet, iwwert dee mer virdru geschwat hunn, och privat Interêten hannerdu stinn. An déi privat Interête si keng Interête vu Gutmenschen, mee et sinn éischter Interête finanzieller Aart a Weis. Dat schéngt jo emol op jidde Fall elo och opsäite vun der CSV zumindest emol akzeptéiert ze ginn.

An den Här Kartheiser huet dat elo an en anere Kontext gesat. En huet gesot, et misst een Drock ausüben op déi Leit, déi wéile verhéinnen, dass am Lëtzeburger Gesondheitssystem privat finanziell Interêten Iwwerhand huelen. Do gëtt et eng Partei, déi dat mécht! Jo, dat ass richtig, Här Kartheiser, do hutt Der ganz Recht, säit Joerzénge: Dat ass d'LSAP! Mir wëllen dat net a mir wäerten et net toleréieren a mat eis wäert dat net méiglech sinn! Esou einfach ass dat ze verstoen.

Da komme mer bei déi méi juristesche Froen. An do fannen ech awer zumindest: D'Approche, déi d'Ministesch gestallt huet, ass jo awer dann déi richtig. Kommt, mir loosse eis déi richtig an déi néideg Zäit fir ze analyséieren, wat ze maachen ass. Kommt, mir probéieren dat, wat eventuell an der privater Initiativ kann entstoën, ënnerzebréngen an e gesamte Kontext, an eng Kooperatioun mat de Spideeler, déi mer zu Lëtzeburg hunn. An da si mer um richtige Wee.

Ech mengen och, Här Wiseler: Viru Kuerzem hutt Der hei d'Gewerkschaften zitéiert, deene mer heiansdo sollten nolaaschten. Dat ass dee Wee, deen och vun de Gewerkschaften zu Lëtzeburg ëmmer erëm an de Vierdergrond gesat gëtt! Et ass deen, deen am Fong virgezechent ginn ass, dee mer kënne gemeinsam goen, wou et drëms geet, esou wéi de Mars Di Bartolomeo virdru gesot huet, fir e gemeinsame Wee ze goen, wou mer och déi nammlechte Rechter, déi nammlechte Zougangsméiglechkeete fir jiddwereen zur Lëtzeburger Medezinn kënne garantéieren. An et gëtt keen aneren! Et gëtt keng Alternativ, ausser Dir géift eis elo hei eng presentéieren. An da wär ech gespaant drop, fir dat emol eng kéier ze héieren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kersch. Da kritt d'Madamm Josée Lorsché d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech wéilt betounen, dass mir als Gréng natierlech frou wäeren, wann déi Prozesser méi séier géifen oflafen. Mir mengen, dass eng Analys vum Secteur extrahospitalier scho längst hätt misse gemaach ginn. An do gi mer Iech scho Recht, dass dee Prozess einfach e bësse schleeft. Et ass awer natierlech kloer: D'Pandemie huet munches retardéiert. Mee et muss een awer och elo zügel no vir kucken a mir sinn iwwerzeegt, dass dat och elo gemaach gëtt. Jiddefalls nennt een dat „Prinzip Hoffnung“.

(Interruptions)

Vun der Ausrichtung hier si mer awer ganz kloer op der Säit vun deem, wat de Mars Di Bartolomeo virdru hei gesot huet, an notament do, wou et drëms geet, eng national Planifikatioun op d'Been ze stellen, wat jo och den Inhalt wär vun enger Carte sanitaire,

déi eebe grad d'Besoinen definéiert, déi am ländleche Raum bestinn. Op Basis vun där Carte sanitaire extrahospitalière géif een dann déi Besoinen, déi am ländleche Raum eebe grad bei de schwéieren Apparater bestinn, och definéieren a se dann an en nationale Plang afléisse loossen.

Et läit eis och wierklech um Häerz, dass Kollektivverträg opgestallt ginn, dass d'Aarbeitskonditione gereegelt sinn no deene Krittären, déi mer säit éiwegen Zäiten hei am Santésiwiese kennen. Dozou gehéieren natierlech och d'Garden, déi alle Patientinnen a Patienten an dësem Land um Häerz leien. Ouni Gardë kann een net en charge geholl ginn, virun allem net nuets.

Da gehéieren natierlech och d'Konditionnen dran, an dee ganze Prozess, dee muss definéiert ginn: d'Konditionnen, ënnert deenen déi Apparater fonctionéieren. An natierlech ass d'Fro vum Tarif eng essenziell. An déi muss natierlech och kloer si fir all Mënsch, egal wou e wunnt, an egal, wou en en charge geholl gëtt. Dat ass fir eis fundamental an dat gehéiert zum Lëtzeburger Sozialwiese säit éiwegen Zäiten.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lorsché. Dann huet den Här Goergen d'Wuert gefrot.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also, dat ass eng ganz interessant Motioun, virun allem, well gefillt elo schon éiweg, sief et an der Press oder heibannen, driwwer diskutéiert gëtt. Ech verstinn, dass d'Leit dobaussen ëmmer méi – kommt, mir soen et op gutt Lëtzeburgergesch – rose ginn. Well dat doten ass jo einfach déi ganzen Zäit just e Pingpong hin an hier, wou d'Regierung iergendwellech Excusen – ech hunn Iech och op der Antenn nogelauschert bei RTL – sicht, firwat deen IRM do net ka benotzt ginn.

Jo, Här Di Bartolomeo, Dir hutt vläicht Recht, dass do verschidde Saachen net gekläert ginn. Mee Dir als Regierung ... De Koalitionsaccord, a mir hunn e matgestëmmt, dat war viru véier Joer.

*(Interruption)*

Als Regierungspartei mat ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Chamber!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dir hutt awer d'Santéskommission. Déi hätt Der och scho laang kennen uleieren.

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

Mir hunn dat jo mat ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Goergen huet d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dir kënnt Iech opreegen, Här Di Bartolomeo, mee ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Ma ech reege mech dach net ëmmer op!

**Une voix** | Ey!

*(Interruptions et hilarité)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dir hätt et scho laang kënne maachen. Da bräicht Der nämlech hei déi Froen net ze stellen, well heibannen ass warscheinlech keen, deen Iech eng Äntwert ka ginn op alleguerten Är Froe ronderëm déi Struktur, déi um Potaschbiere ass. Ben, ech hu mam Potaschbiere ... Ech weess emol net, wou et ass! Also, ganz éierlech, ...

**Une voix** | A!

*(Brouhaha et hilarité)*

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... ech weess just, dass den Osten déi ...

*(Interruptions)*

Jo, gesitt Der emol! Et gëtt ganz neutral Leit hei.

*(Brouhaha générale et coups de cloche de la présidence)*

Et gëtt ganz neutral Leit hei! Den Oste brauch dat an do brauche mer och net laang eng Etüd ze maachen. Ech mengen, wann ee mat de Leit schwätzt ... Aner Leit mussen owes ... Et ass déi leschte Kéier eng Fra bei mech komm. Owes um 11.00 Auer kréien déi nach Rendez-vous fir an den IRM. Also, wannechgelift, dat ka jo net sinn! Dat heescht deementspriedend: Den Oste brauch eng ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Kënnt Der eis emol soen, wéi wäit dass een a Frankräich muss fuere respektiv an Däitschland muss fuere, fir en IRM ze kréien?

*(Brouhaha)*

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Här Kersch ...

*(Brouhaha)*

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Kënnt Der eis emol eng Kéier soen, wéi wäit dass déi Leit muss fuere, fir iwwerhaupt een ze kréien?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Här Kersch ...

*(Brouhaha générale et coups de cloche de la présidence)*

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Maacht Iech dach net lächerlech!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dir wësst, wéi oppen ech a meng Partei sinn, och mat de Frontalieren. A mir wäerten eis net op déi Diskussioun aloossen, déi virun hei ugefouert ginn ass iwwert d'Frontalieren, well dat ass eng ganz aner. Ech fannen, déi Diskussioun ass och e bësse penibel. Et deet mer leed!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Wat virun hei ugefouert ginn ass mat de Leit, mat de Frontalieren, deenen Der alleguerte Merci gesot hutt während der Kris, dass se heihinnerkommen. An elo sot Der op eemol – wéi hutt Der gesot? – „Cityhopping“. Ech weess net wat nach alles! Mir si frou fir jiddereen, ...

*(Interruption)*

... deen heihinner kënnt an eis hëlleft an der Medezinn.

Mir als Partei, mir si komplett oppen. Mir wëllen déi Diskussioun net féieren. Mir féiere keng Diskussioun géint d'Frontalieren. Mir wäerten déi Motioun och haut matstëmmen, well mer der Meenung sinn: Do muss en Text kommen, fir eeben alleguerten déi Froen, déi Dir hei opgeworf hutt, och ze klären!

Mee et ass awer Är verdéngten ... Dir hat Iech verdéngt gemaach, dass et nach net do ass. Dat ass de Problem! Da wäeren déi Froen elo hei net opkomm. Dofir wäerte mir déi Motioun haut matstëmmen, fir dass endlech en Text kënnt. Well ech fäerte ganz: D'nächste Kéier – wéini sinn elo d'Walen? D'nächst Joer! –, da wäert nach ëmmer keen Text do sinn an d'Leit wäerten nach ëmmer keen IRM hunn, wuer se kënne goen.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Da géif ech d'Wuert un d'Madamm Hartmann ginn, iert den Auteur vun der Motioun, den Här Léon Gloden, d'Wuert kritt.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här President. Also, d'DP an och ech selwer ginn am Fong ganz positiv aus dëser Diskussioun eraus. Ech mengen, d'Madamm Gesondheetsministesch huet hei eng kloer Annonce gemaach, nämlech dass mer am Fong niewent der Basis, déi mer um Niveau vun der Loi hospitalière hunn,

hei an Zukunft, an dat ass amgaangen, ausgeschafft ze ginn, och e Gesetzestext wäerten hunn, deen de Secteur extrahospitalier wäert geréieren.

Ech mengen, dass dat eng gutt Nouvelle ass fir déi gesondheetlech Versuergung vun dem ganze Land. An ech denken do haaptsächlech och un de ländleche Raum an notament och u meng Regioun, un den Osten, un den Norden an un de Rescht vun dem ländleche Raum, déi dann, wa mer déi gesetzlech Basis do hunn, och e Kader hunn, fir dass dee Secteur extrahospitalier do och kann opgebaut ginn.

Dofir ënnerstëtzen ech dat duerchaus, wat hei vun der Gesondheetsministesch gesot ginn ass. Ech hunn och de President vun der Santéskommission heieren, dee gesot huet, dass mer pragmatesch Léisunge mussen fannen. Dat ass eppes, wat ech déi lescht Deeg och gesot hat. Dofir sinn ech hei komplett op der Majoritéitssäit a wäert dann och déi Motioun hei net ënnerstëtzen.

*(Brouhaha)*

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hartmann. Här Gloden, wann Der d'accord sidd, ginn ech och nach fir d'éischt der Madamm Oberweis d'Wuert. Da kritt Dir als Auteur fir d'lescht d'Wuert. Ech mengen, dann hu mer méi eng kohärent Diskussioun.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Dann hu mer den Tour gemaacht. Ech wollt eigentlech näischt soen, well, ech mengen, et ass bal jiddwerengem bewosst, wat eis Positioun ass. Mir droen dës Motioun net mat. Mir sinn der Meenung, dass am Extrahospitalier missen Antenne stoen, déi ënnert dem Spidolsiwiese stinn. Mir ënnerstëtzen natierlech awer, dass deen Extrahospitalier effektiv soll esou schnell wéi méiglech kommen, och dat Gesetz. Mee mir droen dat heite ganz kloer net mat.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. Sou, Här Gloden, elo ass et awer un Iech als Auteur vun der Motioun.

**M. Léon Gloden** (CSV), auteur | Ech loossen all d'Damme gäre vir schwätzen, Här President. Kee Problem.

*(Interruptions et hilarité)*

Merci fir déi verschidde Remarken. E puer zousätzlech Punkten zu deenen, déi mäi Parteipresident hei gesot huet.

Ech si gär bereet, dee Considerant ewechzeloossen do iwwert d'Cour constitutionnelle, wann dat kann hëlfen.

Zweetens muss ech awer och soen: Ech sinn awer erstaaun elo op eemol iwwert déi Diskussioun hei, datt Leit, déi aus der Groussregioun an engem Etablissement hei zu Lëtzebuerg schaffen, elo op eemol déi Béiss wieren. Ech fannen, an do ginn ech dem Här Goergen Recht, ...

*(Brouhaha)*

... an ech sinn net bekannt dofir, datt ech dem Här Goergen ëmmer Recht ginn ...

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

Här Mars Di Bartolomeo, loosst mech och ausschwätzen! Ech hunn Iech och ausschwätze gelooss.

... dass dat elo op eemol eppes Schlechtes wier. Dir hutt mat Recht gesot: „Mir hu geklappt.“ Musek ass gespillt gi fir all déi Leit, déi aus der Groussregioun iwwerall am Secteur médical geschafft hunn – an net



nëmmen déi an de Klinicken, mee och déi an de Kliniken –, fir eis ze hëllefen, dës Pandemie ze bewältegen.

An da sinn ech awer erstaunt, besonnesch vu sozialistescher Säit, wann ech dat Argument permanent héieren: „Et muss e Service d'urgence an et muss d'Garde assuréiert ginn.“ Ech wëll Iech soen: Ech si säit 2000 an der Politik. An dat kann een noliessen, wat mir als CSV Osten, wat eenzel Kolleeginnen a Kolleeg besonnesch aus dem Oste geschriwwen hunn, vun alle Parteien – an ech kucken hei och d'Madamm Hartmann an hirer leschter Publikatioun eng Kéier oder an engem Interview am „Wort“ –: „Den Osten ass d'Stéifkand.“ Et war keen CSV-Mann oder keng -Fra Gesondheitsminister an ech scho guer net. An et ass näischt gemaach ginn!

Wéi oft hu mir gefrot, datt eng Maison médicale kënn? Wéi oft hu mer dat gefrot, fir eebe kënnen en Urgencendéngscht an e Service de garde ze assurieren? Et ass ëmmer gesot ginn: „Den Osten, dee laange Schlauch, dat ass net méiglech hinzekréien. Dir kritt keng Maison médicale.“ Dat war kee vun der CSV! Dat waren d'LSAP-Gesondheitsministeren, déi haut op där anerer Säit setzen.

*(Interruption)*

Dach, dach!

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

Dann, zu deem Argument vun der Loi hospitalière, Madamm Ministesch: Dir féiert ëmmer d'Gesetz vun 2018 u fir ze soen, esou en Etablissement wéi dee Centre médical géif do net drënnerfalen. „Et ass kee Spidol“, sot Der, „an et ass keen Diagnosticcenter.“ Ech sinn d'accord: Et ass keen Diagnosticcenter an et ass kee Spidol. Et ass e Fachärztezentrum!

Et schaffen Dokteren do, wéi ënner anerem e Kardiolog, Orthopeden, déi déi Apparater do brauchen, déi vu Radiologen exploitéiert ginn, fir kënnen hire Beruf auszeüben. Et ass dat selwecht, wéi wann Der géift engem Zänn Dokter soen: „Du bass en Diagnosticcenter, well s de e Radiologieapparat hues, fir de Kifer ze röntgen, an dann duerno därefts de net exercieren.“ Dat ass dach totale Quatsch! Et ass totale Quatsch!

Mir maachen hei eppes fir d'Patienten an et muss endlech reagiert ginn. An ech sinn zwar erstaunt, dass d'Madamm Hartmann elo seet, si wier berouegt vun den Aussoe vun der Madamm Ministesch. Also, ech sinn net berouegt, well et ass keen Datum genannt ginn.

Madamm Hartmann, am zweeten Tiert oder am éischten Tiert am Invite geet et jo wierklech drëm, dass déi Leit elo esou schnell wéi méiglech kënnen rembourser ginn. An Dir hutt um „100,7“ gesot betreffend d'Patienten am Centre médical vum Potaschbiere, si missten elo schnell a pragmatesch eng Léisung kréien, fir rembourser ginn. Dat ass net dat, wat Der elo haut sot, well et mat deenen Aussoen, déi hei Är Koalitionspartner gesot hunn, soen ech Iech, datt nach an engem Joer keng Verbesserung do ass. An dann, Här Mars Di Bartolomeo, hutt Der dem Tess Burton net gutt nogelauschert: Et ass net an der Industriezon vu Gréiwemaacher! Well d'Industriezon, dat ass e Syndicat intercommunal. Dat ass, wann Der vun der Autobunn kommt, riets. An dat heissen ass lénks an der Rue Fluessweiler, wou einfach e puer Betriber sinn. D'ailleurs huet de Staat am Gebai niewendru Büro gelount vun der Éducation nationale fir d'Direktioun vun der Schoul vum Osten.

Voilà! Also, keng Onwourechte verzielen! Dir hutt et einfach verschlof, ...

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV), auteur | ...ënner sozialistescher Gesondheitspolitik, den Osten a Consideratioun ze huelen. De ländleche Raum war d'Stéifkand. Ech hunn et oft genuch hei an der Deklaratioun iwwert de ländleche Raum gesot. Et ass ni nogelauschert ginn. Elo hat een de Courage, mat sengen eegene Suen do eppes opzeiichten. Elo gëtt dee verdäiwelt, wéi wann dat e bëisen Investor wier. Dobäi sinn et Dokteren, déi déi Apparater bezuelt hunn, well an der Klinik bezuele mir als Steierzueler mat.

An da soen ech eppes, ech hunn dat bis elo net gesot, mee ech soen dann haut hei als Deputéierten: Ech krut Uruff vu Leit, déi véier, fënnf, sechs Méint op en IRM hei zu Lëtzebuerg gewaart hunn! Da gi se op Tréier oder an d'Belsch, wou se da jo méi schnell bäikommen. Da komme se mat deem IRM-Bild oder mat der CD, wéi et dann och ass, zréck bei den Dokter an d'Spidol an da seet den Dokter: „Dat erkennen ech net un“, an da kréie se direkt – direkt! – e Rendez-vous am IRM vum Cabinet médical an der Klinik an den IRM! Dat si Mafia-Tricken!

**M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV) | Richtig!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir musst dann och nach soen, wat déi Leit bezuelt hunn zu Tréier!

*(Interruption)*

Kënnst Der eis herno nach soen, wat déi Leit zu Tréier bezuelt hunn?

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Gloden. Da freet den Här Mars Di Bartolomeo nach eng Kéier d'Wuert.

*(Brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo, just zwou Rektifikatiounen, well ech net gär am Raum stoe loossen, dass bei eis hei am Land Gesondheitspersonal an Dokteren net wëllkomm wieren. Déi si selbstverständlech ganz wëllkomm, wa se d'Konditiounen vun der Stee erfëllen a wann dat Gesondheitspersonal, wann et zu Lëtzebuerg schafft, no de Lëtzeburger Kollektivvertrëg bezuelt gëtt. Et ass dat, wat ech wollt soen!

Dat Zweet: Déi successiv Gesondheitsministeren, inklusiv déi, déi nach virdru waren, ware beméit, fir eng Rei vu Strukturen och am ländleche Raum ze schaffen; och eng Maison médicale am Osten. Wann dat awer zur Sprooch komm ass, da sinn et automatesch dräi oder véier Kandidaturen am Oste ginn: entweeder zu Mondorf, een zu Iechternach, een zu Maacher, een zu Lënster.

An dann een Element, dat awer net onwichtig ass, Här Gloden: Sengerzäit, fir eng Maison médicale ze implantéieren, hunn d'Dokteren, déi dat Ganz matorganisieren, gesot: „Mir packen dat net. Mir packe schonn déi Maison médicale net, déi mer elo hunn.“ An du si mer op de Wee gaangen, fir Gruppepraxissen ze avantagéieren. Den éischte Budgetskredit ass agest ginn. Souwäit ech weess, sinn déi Budgetskreditter mangels Interêt bis elo net gebraucht ginn.

An ech sinn nohalteger der Meenung, dass, wa mer wëllen en intakte Réseau halen, mer vum Finanzement vum „tout-hospitalier“ – an dat war ëmmer eng Positioun, déi mer vertrauten hunn – ewech musse kommen an déi Strukturen, déi mer an der Médecine primaire brauchen, haaptsächlech, änlech mussen ënnerstëtze bei der Installatioun a beim Ekipement a souguer an der Multidisziplinaritéit wéi aner Strukturen hei am Land.

An do ass Loft no uewen. Et sinn éischt Schrëtt gemaach ginn. Et sinn éischt Kreditter virgesi ginn. Mee, ech mengen, d'Zäit war deemools nach net räif, fir an

déi dote Richtung ze goen. Ech stelle mat ganz grousser Satisfaktioun fest, dass déi Zäit elo räif ass.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Ech mengen, mir kënnen ...

*(Interruption par Mme Paulette Lenert)*

Nee, d'Madamm Ministesch wëllt nach eppes soen.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Jo, wann Der erlaabt.

**M. Fernand Etgen**, Président | An Dir kritt och d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement (suite)**

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Et ass de groussen Tour gemaach ginn. Vläch vum hannen ugefaangen: Dir weist op mafiös Praxissen hin. Ech ginn dovunner aus, dass Der an Är gudder Gewunnecht dat dohinne weiderginn hutt an denoncéiert hutt, wéi dat sech gehéiert. Dat huet jo elo mat der Politik net direkt eppes ze dinn, wann en Dokter eppes mécht, wat net rechtens wär.

*(Brouhaha)*

Dann, wann Der erlaabt, Här President, géif ech gäre verschidde Saachen ...

*(Interruptions)*

Et ass just eng kleng ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Wat heescht dat elo?

*(Brouhaha général)*

**Une voix** | Denoncéiert, Här Gloden!

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Wat heescht dat do?

*(Brouhaha)*

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Jo, et gëtt Gremien, déi fir den Dokteren hir Deontologie ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Wat heescht dat do?

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Majo, et gëtt Gremien, déi sinn zoustänneg fir d'Deontologie vun Dokteren. Wann ech richtig verstinn ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mee Dir sot hei „an enger gudder Gewunnecht“.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, Dir hutt d'Wuert net!

**Une voix** | Den Här Kersch hat et och net!

*(Hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo, wann den Här Gloden mir ...

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Roth huet awer elo geschwat!

*(Brouhaha général)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Den Här Kersch huet de Privileeg vun der fréier Gebuert.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Ech hu leedeglech drop verwisen, dass den Här Gloden Jurist ass a sécherlech ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Wann et en Dokter gëtt – ech mellen en direkt weider!

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Den Här Gloden ass Jurist ...

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Wuert huet d'Madamm Ministesch, a soss keen!

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | ... a weess sécherlech, wou en déi Saachen hinzeddinn huet. Et ass dat, wat ech gemengt hunn. Et ass do, wou et sech gehéiert. Et geet op déi richtig Plaz an ech denken, dass Der et sécherlech wësst, wann esou eppes an Ärer Famill oder an Ärem Ëmfeld geschitt ass. Dir hutt mir och vun deem Fall geschwat, dass Der dat dohinner weidergitt, wou och derno gekuckt gëtt. Mee dat ass just eng kleng Klammer.

Wann Der erlaabt, géif ech gär en e bësselchen d'Emotionen hei eroffueren an eng Rei Fakten awer nach eng Kéier kloerstellen. Et gëtt vill vun der Zäit geschwat, déi vergaangen ass. Et ass en Urteel komm, en éischt Urteel, an deem dote Beräich: de 5. Juli 2019. Dat ass net vum Groupement d'intérêt économique Potaschberg gefouert ginn. Deen ass eréischt am Joer 2019 iwwerhaapt kreéiert ginn. Et ass en aneren Aacteur gewiescht.

*(Interruption)*

Jo, ech stellen et just eng Kéier erëm kloer an de Raum.

En éischt Urteel, wéi gesot, de 5. Juli 2019. Do ass en Délai d'appel, dee leeft. Ech weess, dass ech an der Zäit scho Récksprooch hat, nach just zum Schluss virum Oflaf vun der Frist, fir Appell ze maachen oder net. Du ware mer eis eigentlech scho mat mengem Virgänger eens, dass mer keen Appell géife maachen. Dat hätt de Staat jo kënne maachen. Hei si och vill aner fréier Amtsträger, déi och Recoursen um Verwaltungsgericht emol haten. Do gëtt awer ganz oft Appell gemaach vusäite vum Staat, do och mehrfach.

Dat hu mer hei decidéiert, net ze maachen. Firwat? Mir hunn ons och mat de Leit zesummegesat. Mir hu gesot: „Mir wëllen hei konstruktiv weiderkommen. Et ass net an eisem Interêt a mir wëllen dat och net hei elo bis op dat Lescht alles ausschöpfen, wat mer vu juristische Weeër hunn. Mir wäerten eng Solutioun sichen.“ Firwat? Well mer wëllen eeben den Extrahospitalier net einfach opmaachen, mee eebe reglementéieren. Dat ass elo oft genuch an de Raum gesat ginn.

An deem Sënn ass dann och ... Wéi gesot, Juli 2019 éischt Urteel, éischt Instanz, wou een hätt kënne Appell maache mat engem Delai, deem am Summer ënnerbrach ass. Da wäre mer warscheinlech knapps derduerch haut, wa mer dat gemaach hätten.

Dann hu mer ... De 14. Februar 2020 ass direkt de Gesondheetsdësch opgaangen, wou dat doten eent vun den Haapttheeme war. Et war eng vun den Aarbechtsgruppen, déi direkt en place gesat ginn ass, fir dat komplex Theema, wat eng Analys vum Extrahospitalier bedeit, wat eng Planung dovunner bedeit, unzegeen. Ech brauch Iech hei och net drun ze erënneren, firwat déi Aarbechte vläicht net iwwert déi zwee lescht Joren esou schnell virugaange sinn, wéi mir eis dat allégueert gewënscht hätten. Mee et ass u jiddwerengem ze beurteilen, ob dat verschlof ass oder net.

Wourëms geet et? Mir wëllen eng Vernetzung mat de Spideeler, ganz kloer. Mir hunn eng Problematik vu Garden, déi och an der Bearbechtung ass. Mir hu Ressourcen, déi rar sinn. An et geet eis drëm, effizient ze schaffen, d'Acteuren op e selwechten Niveau ze kréien, dass mer net ënner ënnerschiddleche Bedingunge schaffen, dass een deem aneren op eemol Konkurrenz mécht, Personal ewechhëlt, dat souwisou scho Mangelware hei am Land ass. Ech mengen, do si mer eis och alleguete politesch eens.

Dann hu mer huet eng Situatioun, an där vun engem anere Gesetz rieds ass. Mir hunn och eng Loi hospitalière. Dat ass déi, déi ech an deem jëtzege Fall invoquéieren an dat ass mäi gutt Recht. Dat ass d'besteeënd Legislatioun, déi do ass, déi an dësem Haus

gestëmmt ginn ass mat eeben enger monopolitescher Vue op de Secteur hospitalier. Ech denken, dass et eis alleguerten net zousteet ... Wann een dat ufechte wëllt, dann ass dat jo och säi gutt Recht an engem Rechtsstaat, mee et ass net un eis, doriwwer ze urteelen. Mir hunn déi Reglementer an déi Gesetzer, déi en place sinn, ze applizéieren! An dat ass dat, wat ech gemaach hunn.

Wann do den Exploitant wëllt dergéint virgoen, ass dat selbstverständlech säi gutt Recht. An et ass um Geriicht, dat ze evaluéieren, ob mir déi richtig Interpretatioun hunn oder net. Do hu mir als Exekutiv och net d'lescht Wuert. An esou engem Fall huet da gegebenefalls, falls ee géif kloer goen am Fall vun enger Fermature, e Geriicht dat lescht Wuert ze schwätzen. Dat ass esou, wéi dat an engem Rechtsstaat ofleeft. An och hei si mer a Gespräicher, fir eeben ze kucken, eng Lösung ze fannen.

Ech géif awer och nach gär en, wa mer vun der Zäitschinn schwätzen, erëm eng Kéier rappeléieren: Urteel, wéi gesot, Mëtt 2019; éischt Urteel an där doter Matière ouni Appell. Da si mer vun 2018 u vu siwen op eelef IRMen eropgaangen. Do si véier zousätzlech IRMe komm! Et ass also net näischt geschitt. Do si mer amgaangen, ze evaluéieren, wou mer genau elo sti mat den Delaien. Dat kann ee scho gesinn, dass eng Tendenz do ass, déi sech verbessert. D'Urgencé gi bannent de 24 Stonnen ofgewéckelt. Den Detail vun deenen anere Services kréie mer och. Mir si sécher nach net do, wou mer hiwëllen, soss hätte mer eis jo och net direkt no deem Urteel 2019 engagéiert, fir weiderzeschaffen an eeben den Extrahospitalier ze reegelen.

Ech géif awer nach gär en op dem Claude Wiseler seng Remark reagéieren, wat d'Motioun ugeet. Dir frot eebe justement ... Also, ech hunn Är Motioun verstanen, dass Der gär en hätt, dass et eebe Modeller sinn, „telles que“ de Potaschbiere. Mir wëllen eebe justement net esou e Modell weider promouvéieren, wéi elo grad de Potaschbiere en place ass.

Firwat? Well de Potaschbiere eeben net verlinkt ass mat engem Spidol. An dat ass eis wichteg. Dat ass ee vun de Prinzippien, dee mer an där Gesetzgebung, un där mer schaffen, wëlle verankert gesinn: dass e Lien muss si mat engem Spidol. Dat ass am Moment net de Fall! An dofir hunn ech eebe Problemer mam Wording vun der Motioun, well Der gesot hutt, Dir hätt gär en eng Reglementatioun, déi eeben Etablissementer „telles que“ de Potaschbiere ... An dat ass net innocent, den Detail am Libellé, well mer eebe justement op eng aner Schinn wëlle goen.

Wa mer e Modell wéi de Potaschbiere wëlte promouvéieren, da géife mer effektiv en Tariff en place setzen. Dat géif bedeuten, dass all Dokter, dee sech hei zu Lëtzebuerg niderléisst, automatesch deen Tariff ... Da si mer guer net an där Planungslogik, déi mer awer ustriewen, fir eeben e vernünftegen Ëmgang och mat eise finanzielle Ressourcë kënne ze assuréieren.

De Gesondheetssystem zu Lëtzebuerg huet e Käschtepunkt. Jiddwereen huet d'Recht op déi selwecht Dëngschtleeschungen. Dofir kann een eis och net onbedéngt mat anere Länner vergläichen. Ech géif och gär en an de Raum setzen, dass mer ... Mir hunn dat gekuckt mat den Delaien: Mat der Unzuel un IRMe si mer am Verglach zum Ausland deels ... Mir sinn op alle Fall schonn erëm vill besser an der Moyenne, wéi mer dat waren. Mir sinn iwwert der Moyenne deels, natierlech vu Länner wéi Däitschland, wou ee Privatesen huet, wou Leit méi schnell bäikommen. Ech weess awer och net ... Et zitéiert ni een d'Delai, déi een huet als normale Keesepatient an Däitschland. Hei ass wierklech d'typescht Beispill vum Privatesenpatient, dat zitéiert gëtt. An dat ass net eise System

hei an ech war och ëmmer der Meenung, dass do e breede Konsens wär, dass mer un dee System net wëlle rësele goen. Dat ass dat, wat d'Stärkt ass vun eisem Land!

An ech géif och ofschléissend gär soen: Esou schlecht, wéi et ëmmer duergestallt gëtt, ass net alles. Mir hunn et grad virdrun héiere bei de Maternitéen. Vill Leit kommen iwwert d'Grenzen och bei eis an eis Service, si kommen heihinner accouchéieren. Dat ass bestëmmt net, well et hei méi schlecht ass wéi déi aner Säit vun der Grenz.

Do gëtt et Grozonen. Dat muss een alles am Detail kucken an analyséieren an dat ass sécherlech net eppes géint Frontalieren. Au contraire! Mir brauchen déi, mir fonctionéiere mat deenen. Mir wëlle se just hei integréieren, mir wëllen hei keng Situatiounen schaffen, wou d'Radiologen, déi an de Spideeler schaffen, musse Garde maachen, Contrainten hunn, déi dann anerer eeben am Extrahospitalier net hätten.

Et geet drëms, dat ze reegelen. An ech sinn der Meenung, dass säit deem Urteel, dat gesprach ginn ass am Juli 2019, éischt Instanz, an der klorer Ausso vun der Regierung, fir net an Appell ze goen, net ze streiden, mee ze schaffe mat enger Pandemie, déi sech schonn iwwer zwee Joer zitt, mer eigentlech hei trotzdeem nach vill Efforte gemaach hunn. An ech sinn och zouversichtlech, dass mer an deenen nächste Méint dee Projet fäerdeg hunn. Do schaffe mer net eréischt elo drop, do schaffe mer all fräi Minutt drop. Mee Dir wësst et genausou gutt wéi ech, dass déi fräi Minutten an de leschte Joren nun eeben emol heiansdo e bësselche Mangelware waren, well mer aner Saachen op der Agenda haten, déi mer eis net erausgesicht hunn.

Voilà! Dat war dat, wat ech dozou nach ze soen hat.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lenert.

Ech mengen, mir kënne elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

**Vote sur la motion**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 25 Jo-Stëmme géint 33 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Fernand Kartheiser et Fred Keup (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Ont voté non :* MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie



Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Joséé Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

## 10. 7763 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 16 mai 1975 portant statut de la copropriété des immeubles bâtis aux fins d'introduire un fonds de travaux

Als nächste Punkt um Ordre du jour kënnt de Projet de loi 7763 iwwert d'Afféierung vun engem obligatoreschen Renovatiounsfong fir Koproprietären. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an ech géif d'Wuert un d'Rapportrice vun dësem Projet de loi ginn, déi honorabel Madamm Jessie Thill. Madamm Thill, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission du Logement

**Mme Jessie Thill** (déi gréng), rapportrice | Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Gesetz, dat den 9. Februar 2021 vum Minister Kox deposéiert gouf, geet et ëm d'Afféierung vun engem obligatoreschen Renovatiounsfong fir Koproprietäre mam Zil, déi allgemeng Renovatioun ze fërderen an am Besonneschen d'energeteschen Sanéierung vun de Residenzen.

Doduerch, dass dëse Fonds de travaux obligatoresch gëtt, wäert d'Duerchféierung vun Astandhaltungs-, Reparatur-, Verbesserungs-, Ëmbau- a Renovatiounsarbechte méi einfach ginn. Dat géllt besonnesch fir d'energeteschen Sanéierung wéi och d'Installatioun vun Anlage fir d'Produktioun an d'Späicherung vun Energie aus erneierbaren Energiequellen.

D'Ariichtung vun dësem Fonds de travaux soll derzou bäidroen, d'Bewosstsi bei de Proprietären ze erhéien, dass et net just duergeet, eng Immobilie ze kafen, mee dass een eeben och fir d'Käschte vun der Astandhaltung an d'Optimiséierung vum Gebai muss mat opkommen.

De Fonds de travaux erlaabt et, dass d'Proprietäre vun Appartementen kënne reegelméisseg spueren, fir déi grouss Renovatiounsarbechten, déi an hiren Haiser ustinn, méi einfach ze finanzéieren. Anstatt am Moment vun enger Renovatioun duerch de Betrag vun enger héijer Rechnung erschloen ze ginn, kënne si iwwert d'Joren déi néideg Suen am Fonds de travaux uspueren.

Doriwwer eraus stellt dëst Gesetz elo kloer, dass fir energeteschen Renovatiounsarbechten, Aarbechten an der Partie commune fir d'Installatioun vu Gaines techniques an d'Aarbechte fir d'Installatioun vu Produktions- an/oder Späicheranlage fir erneierbar Energien an der Partie commune eng Majorité simple vun alle Koproprietären am Syndic duergeet, fir kënne duerchgefuert ze ginn.

Wichtig ass och, dass d'Sue vum Fonds de travaux net Deel si vum Capital investi an esou och keen Impakt hunn op de Loyer, deen de Locataire bezuele muss. Eréischt wann d'Suen tatsächlech investéiert ginn, si se Deel vum Capital investi.

De järeleche Mindestbäitrag pro Meterkaree Energiebezugsfläche, also d'Surface de référence énergétique an dësem Fonds de travaux, gëtt determinéiert duerch d'Wärmeisoliationsklass, déi am Energiepass vum Gebai uginnt ass. E variéiert jee no Klass tëscht 3 a 6 Euro pro Meterkaree pro Joer.

Dës Wärmeeffizienz ass nämlech e gudden Indicateur fir d'Aschätzung vun der Envergure vun de künftigen néidegen Aarbechten. Ausserdeem ass den Energiepass obligatoresch an also e Referenzdokument, dat zur Verfügung steet, fir de Minimalbäitrag

ze rechnen. Jee no Gréisst vun der Wunneng an der Energieklass beleeft sech de Betrag, deen esou ugespuert gëtt, op 25 bis 50 Euro de Mount.

Fir Neibaute gëtt dëse Fonds de travaux och obligatoresch. Esou ass d'Logik vum Spuere fir zukünftige Aarbechte vun Ufank u present. An den éischte Jore kënne dës Suen zum Beispill genotzt gi fir d'Virfinanzéierung vun Aarbechten, déi opgrond vu Baumängel noutwendeg ginn, och wann d'Proprietäre méi spéit géint de Verantwortleche virginn. Spéider kënne dann dës Sue fir d'Ëmsetzung vun Astandhaltungs-, Reparatur-, Verbesserungs-, Ëmbau- a Renovatiounsarbechte genotzt ginn.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun. De Gesetzesprojekt ass den 9. Februar 2021 deposéiert ginn. D'Minister Henri Kox a Claude Turmes hunn de Projet de loi an d'Regierungsamendementen den 9. Dezember 2021 an enger gemeinsamer Sëtzung vun der Logements- an Ëmweltkommissioun de 24. Februar 2022 virgestallt. An der Sëtzung vum 10. März 2022 goufen dann nach eng Rei Amendement-parlementairen ugeholl an de schréfftleche Rapport den 22. Abrëll.

Zu den Avisen: An engem éischten Avis hat de Staatsrot eng Opposition formelle ausgesprach, well verschidde Formulatiounen net prezis genuch waren. Dëse konnt iwwer Amendementen awer Rechnung gedroe ginn an de Staatsrot huet seng Opposition formelle opgehuewen.

D'Chamber vun de Staatsbeamten an Employéë schwätzt sech géint de Prinzip vun der Obligatioun aus fir d'Schafe vun engem Renovatiounsfong. D'Salariatskummer mengt, dass de Renovatiounsfong duerch an der Lag ass, energeteschen Sanéierungen ze acceleréieren. An hirem Avis complémentaire begréisst si, dass de Fond net méi Deel vum Capital investi ass.

D'Chambre de Commerce ass zwar grondsätzlech d'accord mam Prinzip vun esou engem Fond, wënscht sech awer méi Flexibilitéit. Si plädéiert och derfir, dass de Fond zum Capital investi gezielt gëtt.

D'Chambre des Métiers ass net d'accord, dass de Renovatiounsfong obligatoresch gëtt, begréisst awer, dass d'Decisioun fir eng Renovatioun mat enger einfacher Majoritéit am Syndic ka getraff ginn.

D'Dateschutzkommissioun proposéiert verschidde Präzisatiounen am Gesetz iwwert d'Kopropriétéit.

An engem gemeinsamen Avis weise sech déi sougenannte „chambres immobilières“ an de Groupement vu Syndics professionnels éischer positiv, wat de Prinzip vun esou engem Renovatiounsfong ugeet, a formuléieren eng Rei vun Observatiounen.

D'Chamber vun den Nottäre mierkt nach un, dass de Solde an d'Cotisations vum Renovatiounsfong sollen am Compromis de vente festgehalen ginn.

Fir weider Detailler verweisen ech op de schréfftleche Rapport a wëll un dëser Stell nach eng Kéier jidderengem villmools Merci soe fir d'Aarbechten un dësem Projet a ginn och den Accord fir déi gréng Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Thill.

An éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Lies. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Marc Lies (CSV)** | Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och der Rapportrice, dem Jessie Thill, hei Merci soe fir de Rapport iwwert dëse Gesetzestext.

An der Kommissioun, mengen ech, do huet d'CSV scho ganz kloer hir Positioun zu dësem Text geäussert. An deene leschte Méint a Jore schwätze mir ëmmer nëmme vun erschwénglechem Wunnengsbau. Dat geet effektiv wéi e roud Fuedem duerch all Diskussioun, déi an der Chamber gefouert gëtt. A wann ech dann awer kucken, wat an deene leschte Jore fir Gesetzestexten hei an der Chamber deposéiert gi sinn, déi och gestëmmt gi sinn, wou effektiv d'Prozedur verlängert ginn, wou vill méi komplex an zäitopwändeg Moosnamen mussen ergraff ginn, fir effektiv dann zu engem erschwénglechem Wunnengsbau ze kommen, an da gëtt ëmmer nach eng Schëppchen dropgepaakt!

Amplaz vun enger Simplification administrative gi mir ëmmer nëmme nach eng Schëpp dropleeën, fir datt de Wunnengsbau nach méi deier gëtt. An dat heiten ass effektiv nees eng Kéier e Paradebeispill fir genau dat!

Éischtens emol, datt d'Saachen obligatoresch ginn. Mir hunn et hei wierklech mat renger Ideologie ze din, wou et ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Lies (CSV)** | ... op där enger Säit entweeder Verbuet ass oder et ass Obligatioun. A mat esou enger Politik kann eng CSV sech definitiv net averstannen erklären!

Mir sinn derfir, datt d'Gebaier sanéiert ginn. Mir sinn an enger Energiekris. Mir hunn effektiv Problemer, wat d'Energiezoufuhr ugeet, eeben opgrond vun deene Krisen, déi mer hunn. Mee ech mengen, dat soll ëmmer nach de Choix si vu jiddwerengem, ob en effektiv da seng Gebailechkeet wëllt sanéieren, jo oder nee. An ech mengen, dat ass de Prinzip, no deem d'CSV verfiert an no deem d'CSV och hir Proposen an deene leschte Jore gemaach huet. Kee Verbuet, keng Obligatioun, mee d'Leit mat an d'Boot huelen an zesumme mat hinne ze kucken, a wat fir eng Richtung mer solle goen.

Mir stinn zum Eegenheem. Absolutt! A wann een effektiv dësen Text hei kuckt, dat mécht d'Eegenheem nach eng Kéier méi deier. Och fir de Locataire gëtt et méi deier. Dofir ass dat heiten ënnert dem Stréch een Text, dee sécherlech net fondéiert ass, wou sech nach eng ganz Partie Froen och stellen. Zum Beispill gëtt hei vu residentiel geschwat a vu Kopropriétéiten, mee et gëtt awer och vill Haiser, wéi eng Maison bifamiliale oder trifamiliale, an deene keng Gerance, näischt, dran ass. Wéi gëtt dann effektiv domat ëmgaangen? Dat sinn effektiv Froen, déi sech stellen. Et sinn nach eng ganz Partie Saachen, déi och monéiert gi vun der Chambre immobilière. Mir fanne keng Äntwerten dorop an duerfir kann d'CSV dësen Text ganz sécherlech net matdroen!

Et wonnert eis just, datt verschidde Regierungsparteien, entre autres déi liberal Demokratesch Partei, sech bereeterklären, fir esou en Text matzedroen. Also, alles, wat Energiesanéierung ugeet oder energeteschen Sanéierung vun de Gebailechkeeten, do si mer honnertprozenteg dermat averstannen! Deen nächsten Text, deen hei um Ordre du jour steet, dee kënne mer sécherlech zu 100 % matdroen. Mee dësen Text wäert net den Accord vun der CSV-Fraktioun fannen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Lies. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn (DP)** | Här President, de Logement stellt nom Verkéier dee Beräich mam gréissten CO<sub>2</sub>-Aspueerpotenzial duer, fir eis Klimaziler domat ze

erreichen. Besonders beim Albau ass nach enorm vill Potenzial, fir eeben eis Emissionen ze reduziieren.

An den nächste Jore musse mir dofir Efforten an deem Bereich maachen. An déi, déi mer aktuell scho maachen, déi musse mer nach dättelech eropschrauben. An, jo, do ass jidderee gefuerdert, souwuel de Staat selwer, fir op där enger Säit mam gudden Beispiil virzegoen, awer och d'Menagen, deene mer konkret ennert d'Äerm musse gräifen.

D'Regierung huet hei schonn eng ganz Rei Mesuren an déi Richtung ennerholl, respektiv et ass nach déi eng oder déi aner Mesur virgesinn. D'Afierung vun engem obligatoreschen Fonds de travaux ass een Deel dovunner. D'Subside vun der PRIME House oder d'Klimabank – deen nächste Projet hei um Ordre du jour – si weider Mesuren an deem Kader.

Während de Staat allerdéngs d'Leit mat de Subventionen direkt finanziell ennerstëtzt, gëtt mat deem Projet d'Obligation agefouert, e Fonds de travaux bei Koproprietäten ze schafen, fir generell Renovationen a méi speziell Aarbechten am Kader vun enger energiegeschter Sanéierung ze realisieren.

Als DP si mir der Meinung, dass doduerch, dass dee Fonds sech lues a lues fëllt, effektiv e gewëssenen Ureiz entsteet, déi Suen och iergendwann ze notzen an eppes dermat ze maachen. Eng komplett Sanéierung ass nämlech wierklech kee kleng Projet, deen een einfach mol esou realiséiert. Net jiddereen huet déi néideg finanziell Moyenen. Dowéinst hu mer d'Aiden am Kader vum Tripartite-Accord och nach emol sozial selektiv ugepasst.

Mee net jiddereen ass och bereet, déi Investitiounen ze maachen, souguer wann en d'Suen huet. Grad wann een zu méi esou eng Decisioun huele soll, wéi eeben an enger Koproprietät, kann et virkommen, dass eeben net all d'Proprietäre sech eens sinn.

Déi aktuell Situatioun weist eis allerdéngs, dass mir all Interêt hunn, nach méi staark op erneierbar Energien an nach méi staark op energiegeschter Sanéierung ze setzen. Ugeziicht vum der Präisdeierecht, déi mer grad erliwien, an déi besonders d'Stëit mat niddregem Akommes treëft, ass déi energiegeschter Sanéierung en zentralen Hiwiel, fir sech virun dese Präisschwankungen ze schützen.

Eis Ofhängegkeet vun Energieimporten aus engem Land, dat e kriminellen Ugrëffskrich géint ee vu sengen Nopere féiert, zwéngt eis iwwerdeems, eis energiegeschte Autonomie, souwäit et méiglech ass, auszubauen an opzehalen, dee kriminelle Regimm ze finanzieren. De Fonds de travaux ass dowéinst fir eis als DP e gudden Ureiz, fir d'energiegeschte Sanéierung bei de Koproprietäten virunzedeihen.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei a géif der Rapportrice Merci soe fir hir zwee ganz gutt Rapporten.

**M. Fernand Etgen, Président** | An ech soen dem Här Max Hahn Merci a ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Merci, Här President. A virop och e grouse Merci un d'Madamm Thill, déi e ganz, ganz gudden an och detailléierte Rapport gemaach huet. Dat erlaabt mir et elo, vun der Plaz ze schwätzen an net meng ganz Ried ze halen, well ech Iech net nach eng Kéier wëll eng ganz Partie Saache widderhuelen, déi scho gesot goufen.

Mee et ass awer richtig, dass et nieft der Klimaeffizienz ganz vill aner Grënn gëtt, firwat mer allegueren Interessi drun hunn, fir d'baulech Qualitéit vun eisem Doheim héichzhalen. Virun allem wann en Haus

schlecht isoléiert ass a mat vill Gas oder Mazout gehëtzt muss ginn, dann huet dat eeben net nëmmen negativ Effekter op d'Ëmwelt, mee och op de Portmonni.

Mat deem Fong reegele mer dat och an de Koproprietäten, wou dat méi schwéier war bis elo. Dat ass fir eis e wichtegen Impuls.

Vläicht lount et sech doduerch och e bësse manner, fir an Zukunft seng Wunneng eidel stoen ze loossen, wat jo och e Phänomeen ass, wou mer eis eigentlech heibannen eens sinn, dass mer dee wëlle bekämpfen.

Op alle Fall nach eng Kéier merci fir de Rapport. An ech ginn heimadder den Accord vun der LSAP.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Cruchten. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, och vun eiser Säit aus e grouse Merci un d'Madamm Rapportrice fir hire Rapport.

Ech hunn, wéi mäi Vir-, Vir-, Virriedner, wann ech richtig gezielt hunn, mech och gefrot: Wéi kann d'Demokratesch Partei heihinnerkommen an dat hei justifiieren? Ech hat net un den Här Putin geduecht, mee en ass awer elo e gutt Argument fir alles! Also, mir huelen dann zur Kenntnis, dass d'DP heimadder averstanen ass, fir de Proprietäre virzuschreien, wat se solle maachen, fir an d'Fräiheet vun de Leit anze-gräifen, fir d'Wunnen nach méi deier ze maachen. Well et dierf ee jo keng Illusiounen hunn! Ech mengen, e Proprietär, deem dat hei imposéiert gëtt, ... do wäerten déi allermeescht dat natierlech op d'Loyerspräisser weiderreechen.

Dat heescht, dat hei ass e kloren Akt vu staatlecher Bevormundung. Et ass en Akt, mat deem erëm eng Kéier d'Wunne verdeiert gëtt an notament d'Locataire getraff ginn. An et ass eppes, wat mir als ADR net kënne matdroen. Firwat net? Majo éischtens, mir si fir d'Fräiheet vun de Leit. Mir respektieren d'Eigentum vun de Leit. Jo, natierlech ass eng energiegeschte Sanéierung oder eng aner Sanéierung vun engem Bien immobilier méi wünschenswäert. Mee et ass nach ëmmer esou, dass mer e fräit Land sinn! An dat hei ass e Schrëtt, fir d'Leit ze zwéngen, do Reserven unzeleeën.

A mir brauchen eis jo kengen Illusiounen hinzeginn, deen nächste Schrëtt, deen ass jo och schonn evident! Mir ginn elo gezwongen, e Fong unzeleeën, eeben och mat gewëssenen Onsécherheeten, mee an enger Koproprietät ginn d'Leit gezwongen, dann e gewëssene Fong unzeleeën. Deen nächste Schrëtt, an e puer Joer, dat ass dann, dass d'Leit och gezwonge ginn, dat unzewenden, dass si gesot kréien: „Ma elo musst Der investieren! Wann der elo fennef Joer ugespuert hutt, da musst Der dat an dat maachen!“

Et brauch ee jo keng Illusiounen ze hunn: Déi Parteien hei – déi Gambia-Regierung – hunn an esou ville Beräicher de Leit Virschreite gemaach, déi hunn absolut keng Hemmungen, wa se kënne virschreien, fir dat do ze maachen, an dann dat nächst ze implementieren. Ech froe mech haut schonn, wat d'DP da wäert maachen, fir dat dann ze argumentieren.

D'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hu ganz kloer op e puer Problemer higewisen. Si hu gesot, dass, wa mer elo de Fong maachen, dat jo nach keng Garantie ass, dass d'Sue benotzt ginn. An dat ass jo genau dee Punkt, wou se vläicht och nach ze naiv waren. Wéi gesot, an e puer Joer kréie se genau dat hei virgeschriwwen: „Elo musst Der déi Sue benotzen!“ Dat läit jo op der Hand!

Also, fir eis ass et ganz kloer: Dat hei, dat sinn einfach Méikäschten, méi Administratioun, méi Bürokratie,

méi Bevormundung duerch de Staat. Dat ass näischt, wat eng Partei wéi d'ADR kéint matdroen. Mir soen Nee dozou.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. An dann ass et elo un der honorabelen Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Merci, Här President. A merci der Rapportrice fir dese Rapport.

Fir eis geet d'Gesetz definitiv an déi richteg Richtung. Et ass e wichteg Gesetz am Kampf géint de Klimawandel. Lëtzebuerg huet sech jo d'Ambitioun ginn, fir bis 2030 55 % manner CO<sub>2</sub> auszustosse wéi 2005. A besonnesch staark soll d'Reduktioun jo och am Wunberäich sinn: minus 64 % laut Klimagesetz. Héich Ambitiounen brauchen dann och staark Engagement. A vum selwen, dat wësst Der, geschitt näischt. Dat hei ass esou e Gesetz, dat mir matstëmmen, well et fir eis an déi richteg Richtung geet, och wa bei Wäitem net alles perfekt ass.

Ech ginn net op d'Gesetz an, d'Rapportrice huet dat gemaach. D'energiegeschte Sanéierung vu Wunnegebaier ass jo eng Prioritéit, déi bis ewell net seriö genuch ugepaakt ginn ass. Déi virleend Zuelen, déi weisen eis dat. Am PNEC gëtt en Taux de rénovation vun 3 % d'Joer uviséiert bis 2030, fir d'Ziler ze erreichen. An haut leie mer tëscht 0,4 % an 1 %. D'Erausforderung an deem Bereich kenne mer natierlech, wat och de Grond derfir ass, dass mir eis vill domadder beschäftegt hunn a Modeller presentéiert hunn, wéi een desen Taux kann eropsetzen. Ech verweisen op eise Projet, eis Proposition de loi vum Assainissement énergétique.

D'Gesetz betrëfft d'Koproprietäten a soumat ass déi sozial Fro hei besonnesch wichteg, well déi meeschte Locataire a manner gutt situéiert Proprietäre meeschtens an esou Koproprietäten liewen. Et sinn awer d'Locataire, oder allgemeng Stëit mat wéineg Revenuen, déi dacks a schlecht isoléierte Wunnengen an der Energiefial sëtzen, déi an der aktueller Situatioun besonnesch uerg ass.

D'Obligation, fir esou e Fonds des travaux vun de Proprietären an der Koproprietät ze schafen, fanne mir richtig. Et ass eng kloer Reegelung, déi iwwer finanziell Incitationen, zum Beispiil steuerlecher Natur, erausgeet. D'Obligation bleift awer do stoen. Keng Koproprietät gëtt effektiv och quasi gezwongen, Aarbechten ze maachen, also obligéiert, Aarbechten ze maachen, sief et fir eng Renovation oder erneierbar Energiequellen. Dat ass fir eis eng gréisser Limitation a werft d'Fro op, ob dat duergeet, fir der Urgence climatique Rechnung ze droen. Mir mengen net.

Eng Obligation, zumindest bei der Renovation, wier an eisen Aen hei ubruecht gewiescht a Fonctioun vum Zoustand vum Gebai. Eng ëffentlech Finanzéierung, gestaffelt no soziale Kritären, sou wéi och d'CSL et virschléit an hirem Avis, kéint de Proprietäre mat manner Revenu hei eng Hëllefstellung bidden, fir dass si duerch esou Investitiounen net aus hire Wunnenge verdrängt ginn. Eng Lacune ass dat, déi engem an d'A spréngt bei deem Gesetz, an dat ass och eng aner duuss Mobilitéit, déi hei net soll viséiert ginn. Als Beispiil kéint een e lokalen Ennerstand fir Vëloen oder Trotinetten nennen, eng Infrastruktur, déi fir eis och zu enger eescht gemengter Energietransitioun gehéiert.

Schliisslech riskéieren awer och bei deem Gesetz déi-jéineg, de Kierzen ze zéien, déi keen Immobiliekapital hunn a louen mussen. Och wann d'Cotisation net direkt an de Capital investi mataberechent gëtt, esou ass et awer och hei esou, dass d'ëffentlech Subventionen fir Renovationen aarbechten dem Proprietär



zeguttkommen, hien awer dee ganze Montant vum Invest an de Capital investi bäirechnen a soumat de Loyer deementspriechend erhéije kann. Dat ass eng Ongerechtigkeet am Loyersgesetz, déi onofhängeg vun dësem Gesetz iwwert d'Kopropriétéiten ze gesinn ass.

Mee dëst Gesetz schaaft awer nach eng aner Ongerechtigkeet. D'Infrastruktur fir erneierbar Energie gëtt dem Locataire och op de Loyer gerechent iwwert de Capital investi, dat hunn ech scho gesot, mee den eventuelle Produit, deen duerch d'Aspeise vun Energie an de Réseau entsteht, fléisst awer an de Fonds des travaux, also un d'Propriétaires. Dat ass ongerecht a weist eis, wéi zentral de Grond- respektiv den Immobiliebesëtz ass am Kader vun der Energietransitioun zu Lëtzebuerg. An et ass definitiv eng Limit! Leit mat Terrain fir Wandrieder, mat Diecher fir Panneau-voltaïquë kënnen eng Wand- oder Sonnerent unzäpen, während Leit ouni Kapital bei der Energietransitioun mussen nokucken an, wa se Pech hunn, Nuisancen a Kaf mussen huelen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Dat heiten ass sécherlech e Gesetz mat enger ganz nobeler Cause, an dat een och kann zimmlech einfach no bausse verkafen, andeems ee seet, dass et fir de Klimaschutz ass, ouni direkt ze soen, dass jo awer esou e Fong mol muss opgebaut ginn. Dat heescht, wa mer iwwert de Klimaschutz schwätzen, wäert et sou ongeféier bis 2030 daueren, ier een iwwerhaupt emol e Fong huet, dee grouss genuch ass, fir iergend-eng Renovatioun ze maachen. Dat heescht, mat deem Gesetz, dat haut gestëmmt gëtt, gëtt eigentlech guer net esou schnell gehandelt, wéi verschidde Virriedner dat hei schéischwätze wollten.

Mir Piraten stousen eis an dësem Gesetz un zwee Punkten. Deen éischte Punkt ass ganz kloer den Datenschutz. Do ass nach kee grouss drop agaange vun de Regierungsparteien, mee d'CNPD huet awer do e ganz kriteschen Avis ofginn. An zwar ass herno ganz transparent an de Communautéiten, wie wat wou verbraucht. An de Syndic beziéungsweis déi, déi bei Iech am Haus wunnen, kommen un Informatiounen, déi se eigentlech net dierften hunn. Dat huet d'CNPD och e puermol an hirem Avis opgeworf. Et gouf awer net wierklech dorobber reagéiert.

A vill méi schlëmm fir eis Piraten ass nach, dass dat doten eigentlech an der aktueller Logementskris e Gesetz ass, wat d'Präisser wäert eropdrécken. Well Dir kënnt dat elo schéi verkafen, dass dat herno weeder op de Loyer nach op de Verkaufspräis géif gedréckt ginn. Nee! Et wäert awer geschéien! Also kënnt Der Iech ganz sécher sinn, wa mer elo kucken, an et wunnt een an engem net esou gutt Renovéierten, mécht dat herno 540 Euro d'Joer. 45 Euro de Mount. Dat ass fir verschidde Familjen, déi elo schonn zimmlech d'Waasser ganz héich stoen hunn, an ech mengen, Dir sot jo ëmmer grouss, Dir géift elo Hëllef ginn, déi sinn herno 20 Euro, 30 Euro de Mount, hei klaakt Der de Leit einfach mol, als Beispill, bei 90 Meterkaree 45 Euro, wann een elo eng gréisser Familj huet, bei 120 Meterkaree 60 Euro de Mount méi dohinner, déi een einfach muss herno a senge Chargé bezuelen an, wéi virdru gesot, wou een da vläicht 2030 genuch Geld an deem Fong huet fir ze renovéieren.

Dat ass jo de Knackpunkt fir eis. D'Leit ginn elo bei d'Keess, mee se kréien awer hir Renovatioun, wou se eppes kéinte spueren oder eppes fir d'Ëmwelt géife

maachen, eréischt vill méi spët, wann dee Fong grouss genuch ass, well Dir kennt jo heibannen alleguerten d'Präisser, déi een iwwerhaupt emol muss hunn, ier een déi Renovatioun ka maachen. Dofir hätt missen e ganz anere Modell gewielt ginn, an zwar iwwer e Virfinanzement. Mee do kommen ech herno bei de Kreditter nach eng Kéier drop zrëck, well dat ass jo dat nächst Gesetz.

Deemmentspriechend wäerte mir dat haut och net matstëmmen.

Ech stellen awer nach eng Fro un den Här Minister: Wéi ass et mat deene Residenzen, déi elo schonn hir Reserven haten? Well do gëtt et jo Residenzen, déi elo schonn esou Fongen haten, déi sech dat konnte leeschte fir Renovatiounen. Ginn déi integral direkt mat eriwuergehol? Ass dat méiglech? Kréien déi dat dann op deem dote Gesetz guttgerecht?

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Logementsminister Henri Kox.

(Interruptions)

#### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Merci, Här President. Merci och alleguerten de Virriedner a speziell och der Rapportrice fir deen ausféierleche mëndlechen, awer och schrëftleche Rapport zu dësem Projet.

Erlaabt mer, dass ech elo net an all Detailer nach eng Kéier op de Projet aginn, awer vläicht déi grouss Linnen nach eng Kéier soen.

Vläicht ass elo bei villen an der Debatt ... an ech sinn och frou, dass dat erwänt ginn ass, dass et ganz wichteg ass, dass eng Sanéierung an den Haiser passéiert, well den Energieverbrauch ass awer, europawäit gekuckt, bei 40 %, iwwer 40 %. Hei zu Lëtzebuerg ass en e bësse manner, ech mengen, e läit bei 37 % oder 36 %, wat an den Haiser verbraucht gëtt. Et ass eng Er-ausforderung, déi mer alleguerte mussen ugoen, fir dat ze maachen.

Mee wat vergiess gëtt hei an dësem Projet, et ass a sech net direkt geduecht, fir Energiesanéierung ze maachen. Et ass och, fir Energiesanéierung ze maachen. An do ..., déi lescht Fro, déi ech gestallt kritt hu vum Här Goergen: Et gëtt déi Fongen haut schonn op fräiwëlleger Basis. An et ass dat déi Erfarung, déi mer eebe gemaach hunn. Do, wou esou e Fong ass, geet et ganz gutt. Et ass nämlech e Schutz – an dat ass déi Fro, déi virdru gestallt ginn ass – fir déi, déi vläicht manner betuucht sinn, fir sech zäitlech eppes opzebauen, fir wann d'Rechnung kënnt. An net onbedéngt, well se vun enger energeetescher Sanéierung kënnt. Nee! Well e Lach am Daach ass, de Kullang futti ass, am Keller eppes futti ass, d'Fassad gemaach muss ginn.

Alleguerten déi Renovatiounen mussen gemaach ginn, an dat seet net dës Regierung, och net déi Regierung virdrun, mee e Code civil, deen et iwwer 200 Joer scho gëtt hei zu Lëtzebuerg. Et ass een nämlech verflucht, seng Propriétéit an der Rei ze halen. An dat gëllt natierlech ëmsou méi, wann een an enger Kopropriétéit läit. An et ass ëmmer déi Ausenanersetzung, déi et do gëtt, wann eng Renovéierung usteet, fir déi kënnen duerchgefëieren. An dat gëllt fir sämtlech Renovatiounen.

Also dëst Gesetz huet zwee Elementer, an d'Madamm Thill huet et gesot an et ass och an hirem Rapport ze liesen, zwee Elementer. Dat éischt Element ass emol d'Aféierung vun deem Fong. An dat gëllt fir sämtlech

Aarbechten, déi mussen gemaach ginn, an natierlech och a Richtung – wat mech natierlech och interesséiert respektiv nach ganz vill heibannen – fir energeetesche Sanéierung. Dat ass emol den éischte Fall. An et schützt grad déi kleng Propriétaires, déi net vill Akommes hunn, sech zäitno eppes opzebauen, fir, wann déi déck Rechnung kënnt, dass se net aus der Këscht fueren an dass se dat och kënne finanzéieren.

An dat zweet Element ass dat natierlech, wann Der eng Transition écologique, Transition énergétique wëllt ukucken, dat ass d'ganz Elektromobilitéit: Wéi ass et mat de Borne? Ech wëll awer en Elektroauto hunn. Jo, mee mir sinn awer net do, fir Dir däin Elektroauto ze finanzéieren. Da gesäit dëse Projet de loi just vir, dass de Commun, do, wou d'Schaltstatioun ass, dat sinn allgemeng Installatiounen, déi gemaach ginn. Dat ass fir de Generellen an dat gëtt doriwwer bezuelt. Awer de Kabel bis bei säin Auto, wou dann de Stecker ass, dat gëtt vun den Einzelnen nach weider gedroen.

Also déi zwee Elementer si wichteg. Dat éischt ass, d'Erfarung huet et gewisen: Do, wou et ass, funktionéiert et ganz gutt. Et schützt dee Klenge mat dem manner bemëttelten Akommes, fir eppes opzebauen. An dat ass net esou belasschtend, dass en et net kann droen. Well wann d'Rechnung kënnt, muss se bezuelt ginn. An dat zweet sinn eeben d'Majoritéitsverhältnisser, wou och d'Erfarunge weisen, dass dat wichteg ass.

Dofir: Merci fir déi, déi dëse Projet ënnerstëtzen. An déi nächst Projeten, déi jo elo nach gestëmmt ginn, passe sech an dëse Projet mat an, soudass dat am Ganze muss gekuckt ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Logementsminister Henri Kox. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7763. Den Text steet am Document parlementaire 7763<sup>17</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7763 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 33 Jo-Stëmmen géint 25 Nee-Stëmmen ugehol.

*Ont voté oui* : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Tess Burton), Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Yves Cruchten), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

*Ont voté non* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emilie Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Marc Lies), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Fernand Kartheiser et Fred Keup (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 11. 7821 – Projet de loi relative aux aides à des prêts climatiques

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 7821 iwwert d'Bäihëllef am Kader vun engem Klimaprêt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Rapportrice, d'Madamm Jessie Thill, ass scho prett fir de Rapport. Madamm Thill, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission du Logement

**Mme Jessie Thill** (déi gréng), rapportrice | Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Projet de loi gesäit eng Rei Upassungen a Vereinfachungen vir fir d'Förderung vun energieetescher Sanéierung, déi iwwer e Prêt finanziert ginn an déi mam Gesetz vum 23. September 2016 (veuillez lire: 23. Dezember 2016) iwwert d'Förderung vum Klimaprêt agefouert gouf.

Duerch Finanzhëllef an Form entweder vun engem Klimaprêt zu engem Taux zéro oder Klimaprêt mat engem reduzierten Zënssaz wollt de Legislatuer d'Zuel vun den energieetesche Sanéierung vu Wunnengen ewéi och d'Zuel vun den techneschen Installatiounen zur Notzung vun erneierbaren Energiequellen dätlich erhéijen.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Esou géif een net nëmmen zum verantwortungsvollen Energieverbrauch oder zur Erhaltung vun der Ëmwelt bäidroen, mee och d'Energiekäschte reduzéieren an d'Valeur vun der Wunneng erhéijen. Den Erfolleg vun dësem Aideregime war éischter mässeg. Sait dem 1. Januar 2017 gouf et nëmme 4 Accorde fir e Klimaprêt à taux zéro. Zousätzlech goufen 129 Klimaprête mat engem reduzierten Zënssaz accordéiert.

Dëse Projet de loi konzentriert d'Regelungen op zwou Moosnamen. Éischters d'Aféierung vun enger eenzeger Zënssubventionéierung mat der Bezeichnung „subvention d'intérêt pour prêt climatique“, déi fir all betraffe Propriétaires zougänglech gemaach gëtt, an dëst mat enger vereinfachter Prozedur. Esou ass den Accord vum Logementministère net méi néideg, fir de Prêt ze froen. D'Subventionéierung gëtt accordéiert no enger Decisioun iwwert d'Aide PRIME House, also no Ofschloss vun den Aarbechten, wéi et och haut schonn de Fall ass. D'Iwwernam vun de Käschten erfollegt réckwierkend ab dem Datum, wou d'Aarbechten ugefaangen hunn. D'Leit verléieren also näischt par rapport zum aktuelle Regime, mee déi ganz Hëllef gëtt méi schnell accordéiert a méi einfach ëmgasat.

Zweetens: D'Méiglechkeet, fir eng Garantie vum Staat ze kréien, bleift bestoen a gëtt fir all Demandeur méiglech, fir deen d'Finanzinstitut jugéiert, dass den Demandeur net iwwert déi néideg Garantie verfüegt.

Hei sinn zwee Cas-de-figuré méiglech. Éischters: am Fall vun engem Hypothéikeprêt, dee fir d'Acquisitioun vun enger Wunneng mat uschlëssender Renovéierung gemaach gouf. Da kann e Prêt duerch eng staatlech Garantie ënner änleche Konditiounen ewéi bei der Loi modifiée vum 25. Februar 1979 iwwert d'Aide au logement gemaach ginn. Oder am Fall vun engem Hypothéikeprêt, dee just fir d'Renovatioun vun enger

Wunneng opgehooll gouf, gesäit den Text vun dësem Gesetz och vir, dass eng staatlech Garantie méiglech ass, déi d'Garantie, ewéi se am Gesetz vum 2016 virgesi war, ersetzt. An dësem Fall brauch et awer den Accord de principe vun der Ëmweltverwaltung, well de Finanzierungsplang vun den Aarbechte gemaach gëtt. Nëmme esou ka séchergestallt ginn, dass dës Präten tatsächlech fir eng energieetesche Sanéierung am Sënn vun dësem Gesetz genotzt ginn.

(Interruption)

Et ass ze bedenken, dass de Projet de loi 7821 Deel vun enger ëmfaassender Neigestaltung vum Aidësystem vun Aiden am Kader vun der Energietransitioun ass. Esou gouf notament d'Gesetz PRIME House verlängert, simplifizéiert an ausgebaut.

Derbäi kennt de Projet de loi 7938 relative zu den Aides individuelles au logement, deen dëse ganze Mesurëpak renforçéiert duerch d'Aféierung vun enger Verbesserungsprämie fir energieetesche Sanéierungen. Dës Primm besteet aus enger zousätzlecher finanzieller Ënnerstëtzung, déi nëmmen accordéiert gëtt, wann d'Akomesbedéngungen erfüllt sinn.

Zu den Avisen an Aarbechten an der Kommissioun: De Staatsrot hat keng Opposition formelle par rapport zum Projet de loi. En hat just eng Rei legistesche Modifikatiounen, déi och iwwerhooll goufen.

D'Chambres professionnelles hunn all Simplificatioun vun de Prozedure begréisst.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet nach regrettéiert, dass de Regime elo manner avantagéis wier ewéi den Dispositif, deen aktuell en vigueur ass.

D'Chambre des Salariés revendiquéiert nach d'Aféierung vun enger Majoratioun vun alle staatleche Subventiounen op Basis vu soziale Kritären.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers recommandéieren alle béid, dass och Entreprises a Personnes morales d'Méiglechkeet kréien, fir vum Klimaprêt ze profitéieren. D'Chambre des Métiers fuerdert doriwwer eraus nach eng Erhéijung vum Maximalmontant vun 100.000 Euro op 200.000 Euro.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun bleift ze soen, dass de Projet de loi den 12. Mee 2021 (veuillez lire: de 6. Mee 2021) déposéiert gouf an no den Avisen vun de verschiddene Chambres professionnelles an dem Avis vum Staatsrot de 24. Mäerz vum Minister Kox an der Logementskommissioun virgestallt gouf. An den 31. Mäerz gouf de schréftleche Rapport och approuvéiert.

Fir weider Detailler verweisen ech op mäi schréftleche Rapport. An ech wëll och jidderengem hei nach eng Kéier villmools Merci soe fir d'Aarbechten un dësem Projet a ginn den Accord fir déi gréng Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och.

An éischte Riedner ass den Här Marc Lies. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Marc Lies** (CSV) | Jo. Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech soen och der Rapportrice Merci fir hiren ausféierlechen Exposé vun dësem Text.

Ech wäert et direkt soen, ech hunn et virdru scho gesot beim viregen Text: D'CSV wäert dësem Text hei zoustëmmen, well dat genau dat ass, wat eis dann dee Moment hëllef, wann et ëm energieetesche Sanéierung geet, respektiv déi richteg Dispositiounen en place setzt, fir deem och kënne Rechnung ze droen.

Duerfir, dat heiten ass en Text, deen déi sougenannte Klimabank, wéi se 2016 pronéiert ginn ass ... Erlaabt mer, dass ech eng Kéier kuerz schmunzelen. 2016 gouf d'Klimabank vun eisen demokratesche Frënn wierklech als deen absoluten Top Act duergestallt, als géifen an deenen nächste Joren ... an ech zitieren hei aus der Press vum 14. Juli 2016, dass effektiv mat dëser Klimabank „eine regelrechte ‚Sanierungswelle‘“ an deenen nächste Jore géif en place gesat ginn. Sou wéi d'Rapportrice virdru gesot huet, waren dat am Ganzen, wann et ëm Conseil en énergie geet, 19 Demanden, an dann dovou goufen der 3 accordéiert. Bei dem Prêt climatique à taux zéro 26 Demanden, dovou gouf 1 accordéiert. An effektiv de Prêt climatique à taux réduit 201 Demanden, an dovou goufen der 84 accordéiert.

Duerfir mengen ech, kënne mer haut déi Klimabank, wéi se deemools och pronéiert ginn ass, a wou mer och deemools an der Chamberskommissioun vu Säite vun den zoustännege Ministeren, souwuel vum Här Gramigna, awer och dem Här Hansen, dann duergeluecht kritt hunn, wat genau dann d'Fonction vum där Klimabank sollt sinn ... Mir kruten deemools net allze vill konkret Äntwerten drop. Ech mengen, d'Äntworten hu mer mat deem elo kritt, wat de Bilan aus deene leschte fënnf Joer ass. Dat heiten ass dee richteg Wee. A wéi gesot, d'CSV-Fraktioun wäert och dësem Text hei dann dee Moment hiren Accord ginn.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. Jo, nom virege Gesetzestext stëmme mer dann elo nach en zweete wierklech wichtige Projet am Kader vun der energieetescher Sanéierung vu Gebaier.

Et brauch een et zwar net ze soen, mee ech maachen et dann awer. D'Emissiounen am Logement, wa mer déi wëllen erofkréien, da geet dat iwwert d'Sanéierung vum Albau. Dat ass e Beräich, wou ganz vill Potenzial dra stécht, wou am meeschte Potenzial dra stécht. Et ass awer och gläichzäitig dee gréisste Chantier, wou een am meeschten Effort muss maachen, fir eppes ze realisieren.

Beim Neibau, dat wësse mer, do sti mer gutt do. Jo, do sti mer souguer ganz gutt do mat eisen héije Standarden. Mee beim Bestand muss an deenen nächste Joren nach eng Schëpp dropgeluecht ginn.

Ugesichts vun den héijen Energiepräisser, déi verréckt spillen, ass et natierlech och am eegenen Interêt vun de Leit, dass se an d'Sanéierung vun hire Wunnengen investéieren, fir a puncto Energie nach méi onofhängeg ze ginn.

Gläichzäitig stellt esou eng Sanéierung natierlech och e gewëssenen Invest duer, deen net jidderee wëll oder net kann ouni Problem bewältegen. D'Leit mussen also ënnert d'Ärm gegräff kréien. Si mussen incitéiert ginn, wéi dat mam virege Projet iwwert de Fonds de travaux de Fall war. A si musse gehollef kréien, wéi dat mat dem Projet vun de Subside vu PRIME House de Fall ass.

D'Klimabank ass eng laang Fuerderung vun der DP gewiescht. Et war mer dofir och eng Eier an eng Freed, am Dezember 2016 de Rapport vun dësem Gesetzesprojet kennen ze maachen. Leider huelt sech iwwert d'Joren ausgestallt, dass dëse Modell net onbedéngt dee Succès hat, dee mer eis deemools erhofft an erwaart haten. Ech mengen, de Projet wier och, Här Lies, mat ganz grousser Majoritéit hei am Haus esou gestëmmt ginn.



Dat heescht och elo net, dass mer d'Iddi vun der Klimabank net méi gutt géife fannen. Ganz am Géigendeel: Als DP si mir nämlech och haut nach ëmmer vum Prinzip iwwerzeegt, mee d'Praxis weist engem eben dacks Saachen, déi een an der Theorie net onbedéngt virausoe konnt. Knapp sechs Joer méi spët, nom Vott, ass et dowéinst nëmme richtig ze kucken, wat gutt fonctionéiert a wat net gutt fonctionéiert huet. Ech mengen, dat ass d'Aufgab vun eis als Politik. Do fällt kengem eng Zack aus der Kroun, och eis als DP iwwerhaupt guer net. Ech freeë mech d'ailleurs immens, dass mer probéieren, dëse Produit vun der Klimabank dann nach méi attraktiv ze maachen, dass méi Leit en notzen, dass méi Leit hir Haiser energieetesche sanéieren, fir dass mer eis Klimaziler kënnen erreechen.

Wann d'Prozedur sech nämlech als ze ëmständlech a komplizéiert erausstellen, wéi dat hei de Fall ass, wann net nëmme déi normal einfach Bierger Problemer dermat hunn, mee souguer Leit an Experten aus dem Secteur, wann et legal Onkloerheete gëtt, ben, da muss een deem Rechnung droen an da muss een d'Gesetzestexte adaptéieren. An do, wéi gesot, si mir ganz frou, dass mir als DP hei eng Hand mat konnten upaken, fir deen Outil vun der Klimabank ze verbesseren.

Mam neien Text gëtt hei also nogebessert, den Dispositif an d'Prozedur gi vereinfacht. Als DP kënnen mer dat nëmme begréissen a mir hoffen natierlech, dass dës Reform elo derzou bäidréit, dass nach méi Leit d'energieetesche Sanéierung vun hirem Logement maachen, nach méi do dran investéieren. An och wann dat net de Fall sollt sinn, ben, da wäert eis nach eng Kéier keng Zack aus der Kroun falen, fir souguer nach eng Kéier Adaptatiounen ze maachen, well d'Klimabank kennt véier Gewënnen. Dat ass natierlech de Klimaschutz un éischter Plaz. Dat ass eist Handwierk. Dat ass all Einzelnen duerch eng Entlastung vu sengem Portmonni. An dat ass natierlech och eng energieetesche Onofhängegkeet, déi mer allegueren wëllen a ganz oft hei déi lescht Wochen a Méint op dëser Tribün pronéiert hunn.

Dëst gesot, e ganz grouse Merci un d'Rapportrice fir hire schrëfflechen an hire mündleche Rapport an ech géif dann heimat den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächste Riedner ass den Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. An nach emol merci, Madamm Thill, fir dee gudden Rapport, deen Der gemaach hutt. Och hei kann ech mech da kuerzfaassen. Ech mengen effektiv, d'Offer vun der Subventioun bei der Klimaprête gouf bis elo net wirklech wougerholl. Et kann een och soen: De Succès war zimmlech bescheiden. Ech mengen, den Här Lies huet e puer Zuele genannt. Déi soen eigentlech alles.

Dat huet natierlech, wéi et elo och gesot gouf, domadder ze dinn, dass et zimmlech ëmständlech war, fir Gebrauch vun dësen Hëllef ze maachen. Och waren d'Konditiounen, fir an de Genoss vun den Hëllef ze kommen, nawell streng. Mir hunn eis awer allegueren zum Zil gesat, fir d'Renovierungsarbeiten ze ënnerstëtzen an ze förderen, well nëmme esou kënnen mir eis Haiser héichwäerteg halen, eis Klimabilanz verbessern an eis dann och manner ofhängeg maache vu fossille Brennstoffer.

Dofir si mir frou mat dësem Entwurf, dass méi Leit Zougang zu dësen Hëllef kréien, an ech ginn domadder den Accord vun der LSAP.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. An da si mer beim Här Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Majo, villmools merci, Här President. Nach eng Kéier e grouse Merci un d'Madamm Rapporteur fir hire Rapport.

An ech ka just den Accord vun der ADR ginn. Mat der Bemierkung natierlech, dass mir eis och gewënscht hätten, dass d'Entreprises, Personnes morales och hätten heivunner kënnen profitéieren. Dëst ass e Gesetz, dat een also nach kann an deem Sënn virunentwëckelen, awer dëst stëmme mer mat.

Villmools merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Dann huet d'Wuert d'Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Merci nach eng Kéier un d'Rapportrice fir de Rapport.

Dëst Gesetz hu mir och scho bei sengem éischte Wurf ferm kritiséiert. Den David Wagner war deemools, 2016, scho ganz kritesch. Hien huet deemools schon erkläert, dass d'Klimabank guer kee Fortschritt bei den energieeteschen Assainissementer géif bréngen. An an eisen Ae sollt hie Recht behalen.

Haut geet et eis och net anescht mat där Analys. Et ass e gesetzleche Kader, dee mir esou net kënnen ënnerstëtzen, a mir wäerten en dann och net matstëmmen.

E puer Zuelen, Dir kennt se alleguer: 26 Demandé goufe fir e Klimaprêt mat Nullzëns gemaach, wovun just eng eenzeg accordéiert gouf. Iwwer 200 fir de Klimaprêt à taux réduit, vun deenen der eppes iwwer 80 accordéiert goufen. Et muss ee sech agestoen, dass dëst e ferm Echec ass. Wien dat net gesäit, ass entweeder blann oder verblent. Mir sinn der Meenung, dass, wann ee schlecht Rezepter wëll applizéieren a wa se sech bis als ineffikass ...

*(Interruption par la présidence)*

... erweisen, ee se dann awer soll si loossen.

Dir sot mer elo: „Jo, mir loossen de Klimaprêt mam Nullzëns jo sinn“, mee an eisen Aen ass et e Ganz. Déi ganz Approche ass an eisen Ae verkiert. Eis Kritik bezéit sech dobäi op zwee Aspekter. Éischters: d'Verkennung vun der finanzieller a sozialer Situatioun vun engem Stot, deen Urecht huet op esou en Nullzënsprêt an dee ganz vill Preoccupatiounen huet. An eng energieetesche Sanéierung gehéiert sécherlech net zu senger prioritärer Preoccupatiounen.

Zweetens: d'Implikatioun vu enger Privatbank, wat vill Stéit d'office ausschléisst, sief et, well se kee Prêt accordéiert kréien oder dat einfach och net wëllen.

Béid Kritikpunkte ginn awer elo hei net ugepaakt. Am Géigendeel: Den Nullzënsprêt gëtt ofgeschafft. D'Prime en capital an Héicht vu 5.000 Euro, déi um Prêt hongt, fällt domat och ewech. Mee strukturell geet domat d'Offer fir akommeschwach Stéit verluer an déi riskéieren elo, méi schlecht gestallt ze sinn, soubal d'Zëns klammen a se also iwwert den Taux erausginn, dee mam neie Gesetz, mat der Subvention d'intérêt vum Staat en charge geholl gëtt.

Et ass an eisen Aen onverantwortlech, den Nullzënsprêt einfach ofzeschaffen, vu d'Situatioun a Saachen Energieprekaritéit a Klimaschutz. Den Dispositif hätt an eisen Ae misse verbessert ginn.

Mir proposéieren – an Dir wësst et, mir hunn e Projet, e Modell vum Assainissement énergétique – eng effentlech Finanzéierung, sozial gestaffelt Primmen an e Prêt, dee rembourséiert ka ginn a Fonctioun vu

soziale Krittären an a Fonctioun och vun den Aspuerungen op der Energierechnung.

Fir déi betraffe Stéit och ze erreechen, mussen d'Gemengen an aner lokal Acteurs proaktiv ginn an op d'Leit duergoen a wirklech e Suivi an e Support ubidden. Mam neie Gesetz sollen en plus och elo nach d'Multipropriétaires vun der Subvention d'intérêt profitéieren kënnen. Si kréien also Zëns geschenkt, si kréie Primmen, rechnen alles op de Loyer a kréien also hiren Invest méi wéi rembourséiert. De Locataire dierf dann och nach eng Subvention de loyer ufroen. Dat nenne mer eng effikass Budgetféierung: De Staat finanziert e puermol déi selwecht Aarbechten.

Energieetesche Renovatiounen kënnen net just Leit virbehale ginn, déi eng ekologesche Conscience hunn an de Budget, fir sech déi Conscience och ze leeschten. Dofir féiert de Staat jo och Primmen an Hëllef an, well en erkennt, dass et eleng duerch d'Iwwerzeegung net hëlft. Dës Hëllefstellung sinn awer nu mol esou konzipéiert, dass an éischter Linn Leit mat ekologescher Conscience den ekonomeschen Interessi an esou Investitiounen fir sech erkennen. Wa méi Stéit dobäi solle matmaachen, da mussen d'Hëllefstellungen ugepasst ginn, fir et méi Stéit interessant ze maachen. Virun allem – esou proposéiere mir et – muss d'Initiativ vum Staat ausgoen, respektiv vun de Gemengen ausgoen, soudass déi prekärst an isoléiert Stéit, déi sech net selwer mellen, dann och erreecht ginn.

Dëst Gesetz geet an eisen Aen net an déi richtig Richtung, mee deit éischter drop hin, dass d'Regierung en Deel vun der Gesellschaft mat hire Besoinen a Preoccupatiounen einfach ausblent. Dofir stëmme mir géint dës Reform.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. A leschte Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Jo, bei deene Statistiken, déi mer presentéiert kruten an der Kommissioun, war ech och e bëssen erschreckt, dass dat der esou wéineg waren. Mee d'Fro stellt sech, ob vläicht net de System dee falsche war an net onbedéngt dem Bierger säi Wëllen net do war. Mee op där anerer Säit ass et awer och e bëssen, wéi d'Diskussioun vum Beamten an der Kommissioun gefouert ginn ass, dass et a sech och oft um Geld selwer hänt. Well de Problem vun deem heite System ass jo, dass ee mol fir d'éischt muss dee Prêt accordéiert kréien, dee Kredit bezuelen an déi Zomme prefinanzéieren. An dat ass jo ee Problem bei där ganzer Formule, och wann haut elo kleng Ajustementen gemaach ginn, wou d'CGFP da gesot huet, et wär awer eigentlech méi schlecht wéi de Projet virun, wat dann erëm deem widdersprécht, wat hei viru vun der Regierungspartei gesot ginn ass. Dann hoffe mer mol, dass et net esou ass, dass et net eng Verschlechterung wäert sinn.

Mee fir zréckzekommen op de Kredit: Et ass eeben net esou einfach, wann ee grad an Haiser wunnt, déi am Moment energieetesche schlecht opgestallt sinn, fir bei de Banken esou e Kredit ze kréien. An do ass de Problem. Ech weess net, ob Der elo esou vill méi Demandé wäert kréien, wann Der elo eng Simplificatioun maacht. Well a sech, wann een d'Statistike jo e bësse kuckt, et war e bëssen och de Problem, dass am Logementsministère ganz vill Dossieren hongen an der zum Beispill 18 op eemol mat hirem Dossier opginn hunn.

Bon, et kann een och denken, dass et e bëssen ze laang gedauert huet. Dofir verstinn ech och elo, dass d'Entscheidung geholl ginn ass, et net méi iwwert de Logementsministère ze accordéieren.

Mir bleiwen awer beim Problem, dass een dee Kreditt muss kréien. Duerfir si mir Piraten éischter fir eng aner Formule an zwar, dass déi éffentlech Hand géif déi energieatesch Renovatioun maachen an déi eenzel Saachen, an dass een et dann iwwer eng Aart Leasingsformule géif zréckbezuelen, well dann hutt Der de Virdeel, dass Der net dee Prêt muss accordéiert kréie bei de Banken, dass Der et kënnt esou opstellen, dass och déi sozial méi Schwaach kënnen eng energieatesch Renovatioun maachen.

Well wat ass mat dëser Formule? Mat dëser Formule wäerten elo a sech just erëm alleguerten déi Leit déi benotzen, déi souwisou elo schonn d'Méiglechkeeten hätten, mee on top awer elo nach e bëssen déi Reduktioun vun hirem Taux derbäikréien, woubäi den Taux zéro leider ewechfällt, wat awer – ech hat et extra erausgedréckt – am Koalitiounsaccord explizitt stoung. Also et stoung explizitt am Koalitiounsaccord, dass Der den Taux gären op 0 % hätt. Bon, dat ass et eeben net ginn. Ech mengen, déi gréng hate virdrun hei e ganz schéine Saz gesot: „D'Regierung leeft a verschiddenen Texter vun der Hoffnung.“ Ech mengen, hei war et warscheinlech och esou. Mee den Taux zéro hätt ee weinstens kënne bäibehalen an eng Simplificatioun maachen, well d'Leit mussen méi einfach un déi Kreditter kommen.

Mir stëmmen et haut mat, mee eebe mam Bauchwéi, dass mer soen: Déi Leit, déi eng energieatesch Sanéierung brauchen, kréie souwisou d'Kreditter net, sou dass herno déi Happy Few, déi dat kënne maachen ... Ok, déi kréien haut e kleng Kaddo mat den Zënsen, mee mir missten op eng Leasingsformule goen, fir dass et vill méi einfach ass fir all d'Stéit, un eng energieatesch Renovatioun ze kommen.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Gutt!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Domat si mer un Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm.

An d'Wuert huet elo den Här Wunnengsbauminister. Här Minister.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Merci, Här President. Merci alleguerten de Leit, alleguerten de Virriedner, déi hei zum Projet geschwat hunn. Och erëm wéi virdu muss ech awer och nach eng Kéier ausdrécklech Merci soe fir de ganz ausféierleche Rapport virdu vun der Rapportrice vun dësem Projet, der Madamm Thill. Dofir brauch ech net allze vill op de Projet selwer anzegoen, well ech ... Et ass gesot ginn, dass eng ganz Rei vu Simplificatiounen erakomm sinn. Et soll méi einfach ginn. Et soll méi zougänglech sinn.

Et gouf och vläicht eng Konfusioun iwwert de Begrëff. Engersäits ass vu Klimabank geschwat ginn, wat sécherlech och deemools ... Ech hunn dee Projet jo och deemools ënnerstëtzt an och matgedroen, well et keng Klimabank als solch gëtt, wou ee Sue kritt. Et war ëmmer eng Hëllef, wann een e Prêt gemaach huet, an ech mengen, dat hu mer hei an dësem Projet da wëlle vereinfachen, dass och d'Sprooch ganz einfach gëtt, dass et méi Zougäng gëtt an dass mer net zwee ënnerschiddlech Systemer hunn.

Et muss een dëse Projet awer an engem Ganze kucken. An dofir zitëieren ech nach aner Gesetzter. Mir hunn déi vu virdu genannt: de Fonds de réserve, de Projet, deen Der d'lescht Woch oder virun zwou Wochen hei gestëmmt hutt, nämlech dee vun der PRIME House, deen ass vereinfacht ginn. An da muss een awer och dësen huelen. An dann eppes, wat nach kee monéiert huet – dach, d'Madamm Rapportrice hat et kuerz erwänt –, nämlech deen Top-up, dee mer maachen

am Kader vun der Tripartite, deen ech jo souwisou am Kader ... An et huet och en aneren et nach gesot, dass mer bei deem Projet de loi, deen ech deposéiert hunn, iwwert d'Aide individuelle, wou mer en Top-up vu 40 % fir grad déi sozial Schwaach virgesinn hunn, deen duerch d'Diskussiounen an der Tripartite op 100 % an d'Luucht gesat hunn, fir grad deenen entgéintzekommen, deenen et méi schlecht geet, déi vläicht eeben net direkt esou eng Renovatioun kënnen ugoen. An dat geet degressiv vum Decile 1 bis erof op den Decile 5. Mir ginn also cibléiert un déi Leit erun, fir deenen ze hëllefen, déi energieatesch Sanéierung ze maachen.

Dofir muss een dat als Ganz kucken: déi véier Projeten, déi ech genannt hunn, an dee Projet de loi, deen ënnerwee ass, nämlech dee vun den Aides individuelles. Do ass nämlech och d'Garantie derbäi, wann ee Schwierigkeiten huet, op enger Bank Suen ze kréien, dass de Staat déi Garantie iwwerhëlt.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Esou hu mer eng ganz Rei vu Projeten, déi an déi selwecht Richtung ginn, nämlech d'Leit mat an d'Boot ze huelen, cibléiert Hëllefen dohinner goen ze loosser, wou se gebraucht ginn. An da kréie mer och zesummen déi Klimakris an de Grëff, fir dann déi néideg Sanéierung kënnen duerchzesetzen.

Merci fir d'ënnerstëtzung.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Logementsminister Henri Kox.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7821. Den Text steet am Document parlementaire 7821<sup>6</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7821 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmme ugehol.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Max Hengel), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 12. 7891 – Projet de loi portant approbation de la déclaration unilatérale du Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg définissant les modalités de la poursuite transfrontalière en application de l'article 41, paragraphe 9, de la Convention d'application de l'Accord de Schengen du 14 juin 1985 entre les Gouvernements des États de l'Union économique du Benelux, de la République fédérale d'Allemagne et de la République française relatif à la suppression graduelle des contrôles aux frontières communes, signée à Schengen, le 19 juin 1990

Als nächste Punkt um Ordre du jour hu mer de Projet de loi 7891, eng Ofännerung vun de Modalitéite vun der grenziwwerschreidender Poursuite. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an ech ginn d'Wuert un d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng), rapportrice | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen Iech haut de Rapport iwwert de Projet de loi 7891. Et ass e Gesetz iwwert d'Modalitéite vun de Poursuites transfrontalières mat eisen Nopeschlänner. Déi aktuell bestoend Dispositionne baséieren um Artikel 41 vun der Konvention vun der Applikatioun vum Schengen-Accord, deen tëscht de Benelux-Staate plus Däitschland a Frankräich iwwert déi graduell Suppressioun vun de Kontrollen op eise gemeinsame Grenzen ofgeschloss ginn ass.

Dass mer dëst haut ofänneren, läit och dorunner, dass reegelméisseg Evaluatiounen iwwert d'Applikatioun vum Schengen-Accord stattfannen an dass bei der leschter Evaluatioun d'Experte vun der EU-Kommissioun festgestallt hunn, dass de Kader, dee mir zu Lëtzebuerg am Kader vun der grenziwwerschreidender polizeilecher Zesummenaarbecht hunn, net ganz kohärent ass an net wierklech den Evolutiounen vun de leschten zwee Joerzénge gerecht gëtt.

Och leet d'Kommissioun vill Wäert drop, dass de Prinzip vun der Reciprocitéit respektéiert gëtt. Deemno soll an de jeeweilegen unilateralen Deklaratiounen, déi an all Land festgehele ginn, ...

(Interruptions)

... ech héiere mech bal selwer net, ... den Esprit vun der Equivalenz vun de Regimier dies- a jenseits vun de Grenzen héichgehele ginn. Duerfir huet d'Kommissioun recommandéiert, dass Lëtzebuerg sollt seng sougenannten unilaterale Deklaratiounen iwwert d'Modalitéite vun der Poursuite transfrontalière à jour setzen.

Doropshin huet Lëtzebuerg sech mat sengen Nopeschlänner concertéiert, fir eng Harmonisatioun vun de Reegelen erbaizeféieren. Dëse Projet de loi, dee mer also haut stëmmen, soll deemno eis Déclaration unilatérale à jour setzen.

Ëm wat geet et elo konkret? Mir stëmmen haut e Gesetz, dat déi grenziwwerschreidender Poursuiten, wéi gesot, zu eisen Nopeschlänner nei reegelt an d'Méiglechkeeten dovunner och ausweit. Mat dësem Gesetz gi mer der Regierung d'Autorisatioun, eng nei Déclaration unilatérale ze deposéieren. Et handelt sech ëm e Gesetz mat engem Article unique, dee festleet, wéi eng



Infractiounen kënnen zu enger grenziwwerschreidender Poursuite féieren, wéi ee Perimeter heifir op eisem Territoire festgehale gëtt, an och, ob déi auslännesch Polizistinnen a Polizisten e Recht drop hunn, Leit hei bei eis ze interpelléieren. D'Modalitéiten heifir sinn awer ënnerschiddlech jee no Nopeschland a ginn dofir och separat pro Land festgehalen.

Dir erënnert Iech vläicht un de rezente Vott iwwert de Benelux-Traité, dee mer am Dezember 2021 hei geholl hunn. An deem Kader waren ënner anerem och nei Modalitéiten vun de grenziwwerschreidende Poursuite festgehal ginn. De Projet de loi hei mécht also elo och Referenz op déi nei legal Basis a verweist, wat elo d'Kollaboratioun mat der Belsch ubelaangt, konsequenterweis elo och op d'Modalitéiten, déi am Artikel 21 vum Benelux-Traité festgehal ginn sinn.

Wat Däitschland ubelaangt, do war et esou, dass Däitschland eis eigentlech ouni Limitatioun vu Raum an Zäit Accés op hiren Territoire accordéiert huet, während mir eng Limit vum 10 km bis elo festgehalen haten. Och hat Däitschland eis e vill méi breeden definéierten Droit de poursuite accordéiert. An deem Sënn gi mir elo hin an hiewen eis Limit vum 10 km op a mir alignéieren eis och op d'Typen d'Infractiounen, déi kënnen zu enger Poursuite transfrontalière féieren an domat ass dann och d'Reciprocitéit mat Däitschland garantéiert.

Wat elo Frankräich ubelaangt, do ass et esou, dass bis elo d'Konditiounen méi restriktiv waren, wéi dat fir d'Belsch an Däitschland de Fall war. Sou war fir Frankräich bis elo och e Rayon vum 10 km hannert der Grenz festgehalen an och d'Type vun Infractiounen, déi kënnen zu enger grenziwwerschreidender Poursuite féieren, waren op 14 Type vun Infractiounen limitéiert. Mir haten eis dann och op dës Dispositiounen alignéiert. Allerdéngs hu mer eis elo mat Frankräich concertéiert an hunn eis drop géeneegt, de Champ d'application vun de Poursuiten e bëssen auszeiden, dës ganz am Esprit vun der Equivalenz vun eise jeweilege Regimenter. An deem Sënn ass elo och d'Limit vum den 10 km a Frankräich gefall, also d'Limit vum 10 km zu Lëtzebuerg ass am Kader vun der Kollaboratioun mat Frankräich gefall.

Wat allerdéngs den Droit d'interpellation an d'Lëscht vun den Infractiounen, déi eng grenziwwerschreidende Poursuite kënnen mat sech bréngen, ubelaangt, sou ass et elo allerdéngs nach ëmmer esou, dass Frankräich do méi restriktiv ass a bleift. D'Lëscht vun den Infractiounen bleift op déi 14 limitéiert an et bleift och dobäi, dass keng auslännesch Polizistinnen a Polizisten op hirem Territoire an Droit d'interpellation hunn. An deemno ass Lëtzebuerg och hei op dësen Dispositiounen alignéiert bliwwen.

Wat d'Aarbechten an der Kommissioun ubelaangt, ass dësse Projet de loi den 28. September duerch den Ausseminister deposéiert ginn. De 16. November huet de Conseil d'État säin Avis ofginn. En hat och keng Observatiounen. A mir hunn de Projet de loi den 8. Februar an der Kommissioun analyséiert an de Rapport och de 24. Mäerz ugeholl.

Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport a ginn heimat och den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Stéphanie Empain.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Här President. Ech soen der Rapportrice Merci fir hire schrëftlechen a

mëndleche Rapport zu dësem Projet de loi. Et ass e wichtege Projet de loi, och wann en à première vue e bëssen technesch klénkt. Et ass och e Projet de loi, deen an d'Consideratiounen vun der CSV fällt, well mir schonn e puermol hei op dësem Riednerpult gesot hunn, dass besonnesch d'Kriminalitéitsbekämpfung an der Grenzregioun muss verstärkt ginn. Hei ass eng weesentlech Verstärkung.

Et erënnert mech esou e bëssen u fréier. Do huet och kee Pompejesauto vu Lëtzebuerg dierfen an Däitschland fueren, well mer anscheinend verschidde Sireenen haten. Och do sinn an Tëschenzäit Progrès gemaach ginn. An dat hei ass an der selwechter Linn, fir dass déi geografesch Grenzen tëschen eise Länner keng Grenze méi sinn. Et ass also och e konkrete Beweis dofir, dass Europa, wann a méi engem klengen Kader zesummege schafft gëtt hei am Schengen-Kader, eppes ka beweegen, well d'Kriminalitéit – an dass ass déi lescht Joren och schonn e puermol hei um Riednerpult gesot ginn – keng Grenze kennt. A besonnesch fir een, deen aus der Grenzregioun kënnt, ass dat hei wichteg.

Et gëtt der Police déi néideg Moyenen, géif ech bal soen, fir recto verso kënnen ze fueren, ausser natierlech am Fall vu Frankräich, wou den Droit d'interpellation eebe leider net méiglech ass, well eis franséisch Kolleegen dat net wëllen. Also kënnen mir dat opgrond vun der Clause de réciprocitéit och net stattfanne loosse. Mee soss ass dee Projet de loi grosso modo gutt, wichteg a richtig. An ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Gloden. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Claude Lamberty.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Jo. Villmools merci, Här President. Als Alleréisch emol merci der Rapportrice fir de schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, mir hunn hei zwéi Sujeten: Dat éischt ass d'Sécherheet an dat Zweet ass d'Zesummenaarbecht. An dat sinn zwéi Sujeten, déi d'Leit an och d'Länner interesséieren an déi wichteg sinn. Et gëtt, mengen ech, an där grenziwwerschreidender Poursuite den Aktiounen hei einfach méi kloerheet. Et gëtt méi einfach Reegelen. Et gëtt regulariséiert. An am Endeffekt – dat, wat den Här Gloden och elo nach eng kéier sot, et ass schonn e puermol gesot ginn – hält d'Kriminalitéit jo net bei Landesgrenzen op. An ech mengen, et ass dat, wat mat dësem Gesetz nach eng kéier méi kloer gëtt, dass een déi Gesetzesiwwerschreidungen och besser ka verfollegen.

Wéi gesot, et ass e Projet, dee mir absolutt ënnerstëtzen, an ech ginn heimat den Accord vun der Demokratescher Partei.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Lamberty. An d'Wuert geet weider un déi honorabel Madamm Lydia Mutsch.

**Mme Lydia Mutsch** (LSAP) | Merci, Här President. Mir beweegen eis hei am Beräich vun der grenziwwerschreidender Policekooperatioun, déi mer iwwert dat heite Gesetz verbessere a verstärken.

Et ass keen abstrakt Gesetz. Et ass e Gesetz, dat ganz praktesch Repercussiounen an der grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht wäert hunn, sief et d'Harmoniséierung vun de Reegelen a vun de Modalitéiten oder och all d'Dispositiounen ronderëm Asätz, Poursuiten oder Infractiounen.

Eis ass dat ganz wichteg. Eis läit dat um Häerz, dass mer hei eng Verbesserung a Verstärkung vun der Zesummenaarbecht erreechen. An dowéinst wëll ech der Rapportrice fir hiren detailléierte schrëftlechen a mëndleche Rapport Merci soen an och den Accord

vun eiser Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet mat op de Wee ginn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Mutsch. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. Och vun eiser Säit aus der Madamm Empain e grouse Merci fir de Rapport, dee se eis gemaach huet.

Et ass effektiv esou – an ech mengen, mir mussen e bëssen zrëckkucken op d'Geschicht vum Schengen-Raum –, dass déi oppe Grenze vun eis alleguer begréisst ginn. Mir wëssen awer och, dass eis Sécherheet ...

*(Interruptions)*

... Et mécht e bëssen ..., et irritéiert mech e bëssen, Dir Här Ministeren, wann Der ënnerene schwätzt, jo, am plaz vläicht dem Orateur nozelauschteren, ...

*(Brouhaha)*

... voilà! Villmools merci. Villmools merci! Well ... Also ech fänken dann nach eng kéier un, well ech weess elo, dass den Här Minister Kox och opmierksam nozelauschtert ...

*(Interruption)*

Jo, jo.

Et ass einfach esou, dass mer déi oppe Grenzen alleguer begrëssen. Mee et ass och esou, dass – ech mengen, dass ass onbestridde fir all déi Leit, déi sech e bësse mat der Polizeiaarbecht auskennen –, d'Sécherheet och natierlech duerch déi oppe Grenze gelidden huet. A mir sinn elo an engem Exercice, wou mer Schrëtt fir Schrëtt probéieren, d'Sécherheet ze retableieren an op engem Niveau ze etabliieren, deen eis erlaabt, déi oppe Grenzen ouni Problem oder ouni gréisser Contestatioun ze halen.

Elo ass et esou, dass den Droit de poursuite, dee mer elo hei hunn, deen „hot pursuit“, een Element dovunner ass, a well et op der Basis vun der Reciprocitéit ass, kann d'ADR dat och selbstverständlech matdroen. Et ass richtig: Déi Kriminell kenne keng Grenzen. Da muss d'Policezesummenaarbecht och esou organiséiert sinn, dass se effikass ka fonctionéieren.

Dat geet awer net duer! A mir hunn als ADR schonn e puermol gefuerdert, dass den Dispositif muss komplettéiert ginn. Et geet net nëmmen duer, dass d'Police iwwert d'Grenze ka verfollegen, mee mir mussen och den Echange, zum Beispill vu Polizeidonnéeën, en direkten Echange vu Polizeidonnéeën, erliichteren an net ëmmer iwwert d'Justiz fueren. Do ass en Zäitverloscht. Et ass en administrative Verloscht. An déi Kooperatioun, nom schweedesche Modell, muss ëmmer verbessert ginn an intensivéiert ginn, fir dass mer och den direkten Echange vun Donnéeën tëschen de Polizen erliichteren.

An e ganz wichtigen Aspekt ass, dass een net därer vergiessen, dass mer och – an dat ass och eng ADR-Forderung – limitéiert a cibléiert Grenzkontrolle mussen erliichteren, och am Schengen-Raum. An dat huet och seng Ursachen! Ech weess, et sinn eng Rei Parteien heibannen, déi hunn dat ëmmer contestéiert. Dofir war et ganz interessant, wéi mer an der Zäit vun der Pandemie Manifestatiounen haten. Wéi op eemol nach Anarchisten aus Frankräich sollten heihinner demonstrieren kommen, do hunn eng Partie Parteien op eemol no Grenzkontrolle gefrot, déi virdrun déi Iddi vun der ADR refuséiert haten. Déi hu gesot: „Mir mussen an den Zich Kontrollen hunn“, an hei an do. Mir hunn dat scho laang gefuerdert. Mir hätten dat gär cibléiert, limitéiert, fir d'Sécherheet hei am Land ze verbessere!

Dat muss fir déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit gëllen. An dat hu mer zum Beispill bei deene Bankomat-Iwwerfäll, déi mer haten, ëmmer erëm gesinn. Mir hu bei Iwwerfäll an Haier gesinn, bei Abréch an Haier, datt dat, zum Deel, alles grenziwwerschreidend Kriminalitéit ass. Mir hunn et, wéi gesot, bei der öffentlecher Sécherheet gehat, bei Demonstratiounen, wou sou Grenzkontrolle méi wéi sënnavoll gewiescht wären. Mir hunn et och am Beräich vun der illegaler Immigratioun, wou dat eng ganz grouss Valeur ajoutée kéint sinn, fir eebe limitéiert a cibléiert Grenzkontrollen ze maachen.

Um Prinzip vun den oppene Grenze wäert d'ADR sécher ni eppes änneren. Dat ass e grouss Gewënn vun der europäescher Integratioun, datt mer eeben net méi Grenzen hunn, wou mer mussen alleguer stoe bleiwen, an esou weider. Mee eise Grondgedanke bei där Diskussioun ronderëm d'Sécherheet un de Grenzen, ass: Mir hätte gär oppe Grenze fir déi éierlech Leit.

(Interruptions)

Awer mir wëllen deenen onéierleche Leit ...

**Une voix** | O!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... net en Espace, en oppenen Espace, offrëieren, an deem d'Kriminalitéit kann ëm sech gräifen.

(Interruptions)

Jo, déi Reaktioun heibanne weist ganz kloer – an ech mengen, et ass wierklech gutt, datt mer dat gesinn –, datt et genee eng Partei heibanne gëtt, déi d'Sécherheet op déi éischt Plaz setzt.

(Hilarité)

An dat ass d'ADR.

**Plusieurs voix** | O!

(Brouhaha)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mir brauche Sécherheet viru Leit wéi Iech, Här Kartheiser.

**M. Fernand Etgen**, Président | Da wier et um nächsten ageschriwwene Riedner an dat ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Claude Lamberty** (DP) | E kënnt sech es net méi zou.

(Hilarité)

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Jo, Här Lamberty, Dir hutt Recht! Ech komme mir es net méi zou. Also, wann ech mech nach erënneren un d'Diskussiounen vun den Demonstratiounen a wat net nach alles, déi den Här Kartheiser hei ugefouert huet, an elo kënnt en hei an hätt gär méi Sécherheet. Also ech weess net, a wéi enger Welt ech liewen!

Mee zum Projet: Natierlech wäerte mir dat matstëmmen. Och merci un d'Stéphanie Empain fir de gudden Rapport. Ech liewen an engem Dräilännereck do ënnen zu Péiteng. De Gangster weess net, wann en zu Rodange duerch de Rond-point firt, a wéi engem vun deenen dräi Länner en nach ass.

(Hilarité)

Dofir ass et wichteg, dass mer do grenziwwerschreidend ënnerwee sinn, well et mierkt een et och, wann een ...

**Une voix** | E weess net, wou en ass.

(Hilarité)

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... grad mat de Polizisten do ënnen um Terrain schwätzt. Da soe se, dass et genau dat doten ass, wat se brauchen, well de Gangster soss op eemol fort ass a si stoe mussen bleiwen. An ech mengen, déi Situatioun dierfe mer net akzeptéieren an deementspriedend ass dat heite Gesetz haut gutt.

A mir hunn elo gutt Erfarunge gemaach mat dem Benelux-Traité, deen elo schonn dräi, véier Méint a Kraaft ass, wou d'Poliziste just positive Feedback ginn hunn. Da wäert dat och elo mat Frankräich an Däitschland de Fall sinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Regierung huet d'Wuert, den Här Policeminister Henri Kox.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | Ech erlaube mer dann, dat vun hei hannen ze maachen an awer ausdrécklech mol fir d'éischt e Merci ze soen un d'Madamm Empain fir dee ganz ausféierleche Rapport, net nëmme schréftlech, mee och mëndlech. Si huet ee Projet genannt, dee mir och ganz wichteg war. Dat ass de Benelux-Traité, deen erneiert gouf an deen nach net ganz ënnerschriwwen ginn ass. Dee wäert den 1. Juli ënnerschriwwen ginn, soudass deen dann och applizéiert ka ginn.

Hei ass e wichtige Projet, deen d'Kooperatioun fërdert. Dat ass virdrun och vum Här Gloden gesot ginn. Dat ass eppes, wat ech ganz staark an de Vierdergrond gestallt hunn a wou ech mat de Kolleegen an der Groussregioun, awer net nëmme an der Groussregioun, an deene véier Länner ronderëm – ech huelen do Holland mat derbäi – e ganz groussen Austausch doriwwer hunn. An dëst vereinfacht sécherlech d'Aarbecht an de Poursuitten, wat d'Grenzkontrollen ubelaangt.

Ech war erschreckt, wéi während der Pandemie zu Réimech op eemol eng Grenz zou war. Dat wëll ech jiddefalls net méi erliewen. An dofir, mengen ech, ass déi Kooperatioun eng Conditio sine qua non fir e sécher Europa. An dat wëll ech weider no vir bréngen.

Merci fir d'Ennerstëtzung. A merci och Iech allegueren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Policeminister Henri Kox. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7891. Den Text steet am Document parlementaire 7891<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7891 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugehol.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler) et Claude Lamberty ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 13. 7907 – Projet de loi portant :

**1<sup>o</sup> organisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;**

**2<sup>o</sup> modification de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État**

Den zweetleschte Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7907 iwwert de Museksunterrecht. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An et hu sech ageschriwwen bei dësem Projet de loi: d'Madamm Octavie Modert, d'Madamm Simone Asselborn-Bintz, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Fred Keup, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**

**M. Claude Lamberty** (DP), rapporteur | Här President, léif Kolleegen, kënnt Der Iech ganz kuerz Är Liblingsfilmzeen virstellen? Am beschten eng Filmzeen, wou grouss Emotiounen am Spill sinn. A während Dir warscheinlech direkt dat eent oder anert Lidd am Kapp hutt, dat onweigerlech dermat verknäppt ass, stellt Der Iech eng Kéier kuerz déi selwecht Zeen, awer ganz ouni Musek vir!

Ëmmer nach Emotiounen. Ëmmer nach schéi Biller. Ëmmer nach e Film, deen Dir ganz bestëmmt ganz gär hutt, mee bei Wäitem manner Effet, manner Gefiller a bestëmmt och manner Gänsehaut.

Duerch Musek gi Gedanken a Gefiller ausgedréckt, wou et ganz selte Wieder gëtt, fir déi Emotiounen kennen ze beschreiwen. Musek ass en Deel vun der mënschlecher Existenz. Si gehéiert einfach zum Liewen dozou. De Mënsch spillt gäre Musek, huet Freed un der Musek a verbënnt oft déi allerwichtigst Momenter a sengem Liewe mat enger ganz bestëmmter Musek. Schonn am fréisten Alter kennen d'Kanner e Gespier fir Rhythmus a Gesank an hir Passioun fir d'Musek entwéckelen.

Etüde weisen, wéi wichteg déi musikalesch Bildung fir déi kognitiv, déi kulturell an och déi sozial Entwécklung vum Kand ass. Duerch de Museksunterrecht léieren d'Kanner net just, Nouten a Lidd ze memoriéieren an e Gefill fir Rhythmus ze entwéckelen, mee och, mat anere Kanner zesummen ze musizéieren an den eegene Kierper kennen ze léieren. An engem Orchester gesinn déi Jonk, wéi et sech uffilt, en Deel vun engem Ganzen ze sinn an zesumme mat Gläichgesénnten ze harmonéieren.

Natierlech erfuerdert d'Léiere vun engem Instrument oder engem Tanz oder d'Matwierken an engem Theaterstéck zimmlech Effort vum deene Jonken. Dofir léiere si och schonn a fréiem Alter eng gewëssen Disziplin un den Dag ze leeën. Hei dernieft kënnen d'Kanner awer och eemoleg Erfarungen an Experienzen an de Museksschoule sammelen, nei Frëndschafte schléisen a sech charakterlech weiterentwéckelen.



Besonnenesch déi Jonk, déi vun Natur aus vläicht éischter méi schei sinn, kënnen duerch de Museksunterrecht u Courage an u Selbstwärtgefill gewannen. Schliesslech ass et net evident, sech als jonke Mënsch op eng Bün ze stellen a virum Public ze musizéieren, ze danzen oder och ze schauspillen.

Mir gesinn also, dass e gudder Museksunterrecht vill Virdeeler fir d'Entwécklung vum Kand mat sech bréngt. Natierlech sollen dës Coursen de Jonken och Freed maachen. Do si mer eis eens! Dofir ass et wichteg, hinnen en altersgerechten Enseignement kënnen unzebidden.

Am Éveil musical ginn d'Kanner spilleresch un d'Welt vun der Musik erufgeouert a kréie kandgerecht déi éischt theoretesch an och praktesch Notioune vermittelt. A genee bei deene Jéngste gesäit een, dass d'Nofro fir d'Musekskursé vu Joer zu Joer an d'Luucht geet. Dofir gëtt d'Offer och deementspreechend ëmmer weider ausgebaut. Ab dem Alter vun nëmmen dräi Joer kënnen d'Kanner un engem vun den iwwer 100 verschiddene Musekskursen deelhuele a vun engem Niveau op deen nächste progresséieren.

Zu Lëtzebuerg hu mir méttlerweil esou eng grouss a villfälteg Offer, dass fir jiddereen eppes derbäi ass. Anescht wéi a villen anere Länner bidden eis effentlech Museksschoulen nämlech Coursé fir sämtlech Alterskategorien un: vum Eveil bis hin zur Erwuesse nebildung.

Säit dem leschte Joer bitt d'Uni Lëtzebuerg ausserdeem e Bachelor an der Pédagogie musicale un, wat net nëmmen op där enger Sait eng immens flott Saach fir déi Jonk ass, déi hir Passioun zum Beruff wëlle maachen, mee och fir d'Museksschoulen, déi et méi einfach gemaach kréien, fir neit Personal kënnen ze rekrutéieren.

Et kann ee frou sinn, dass dës Projet de loi all Kand an all Jugendlechen Zougang op e qualitativ héichwärtigen a fräi zougängleche Museksunterrecht gëtt. Do ware mir eis an der Kommissioun, wou mir interessant, deels kontrovers, awer och flott Diskussiounen haten, alleguerten eens.

Dëst Gesetz kënnt virun allem Familljen entgéint, déi sech et bis elo net leeschte konnten, hir Kanner an eng Museksschoul ze ginn. An Dir frot Iech elo vläicht: „Ass de Museksunterrecht da wierklech esou deier?“ Wéi vill spueren d'Familljen dann duerch d'Gratuitéit vun de Coursen? D'Antwort ass do net esou einfach! Et depends. Et gëtt den Ament nämlech immens grouss Ënnerscheeder, wat d'Minervalle vun de Coursen ubelaangt. All Gemeng huet do hir eege Struktur an och eegen Tariffer. Dat ka vu ganz klengen, symbolesche Montanten, soen ech elo mol, goe bis awer och hin zu e puer Honnert Euro. Wann een dann awer e Kand huet, wat méi Coursé wëllt maachen, oder eng Famill mat e puer Kanner, da kann dat scho relativ deier ginn. An dann ass et och kloer, dass verschidden Elteren dat entweder net kënnen oder och net wëlle bezuelen.

Dofir muss eise Reflex als Politik sinn, dës Situatiounen ze vermeiden an den Accès, a soumat d'Virdeeler vum Museksunterrecht net un de Portmonni vun den Elteren ze knäppen.

Musek verbënnt. Musek ass eng universell Sprooch, déi vu jidderengem geschwat a verstane gëtt. Dofir ass Musek och e wichtige Facteur fir d'Integratioun, besonnenesch fir e multikulturellt Land wéi Lëtzebuerg. Eng Museksschoul kann neien Awunner zum Beispill d'Méiglechkeet ginn, fir sozial Kontakter ze knäppen a sech um Liewe vun der Gemeng ze bedeelegen, an dat net nëmme fir d'Kanner, mee och fir d'Elteren. D'Gratuitéit vun de Musekskursé wäert also positiv Auswierkungen op d'Integratioun vun neie Matbierger hunn.

Här President, am Koalitiounsaccord vun 2018 steet, dass de Museksunterrecht an Zukunft fir all Kand soll accessibel sinn, egal wéi vill seng Eltere verdéngen. D'Chancéglichheet spillt bei dësem Projet also déi éischt Gei. De musikaleschen Unterrecht soll kee Privileeg fir Famillje mat den néidege finanzielle Moyene sinn, mee e Recht fir all Kand. Dofir wäerten d'Musekskursé vun der nächster Rentrée u gratis sinn.

Den zweeten a wichtegste Punkt vum Projet de loi gesäit nämlech vir, dass d'Aschreiwungskäschte fir de gréissten Deel vun de Musekskursé komplett ewechfale, an dat fir sämtlech Schüler ënner 18 Joer.

Hei dernieft wäerten d'Käschte fir déi vereenzelt Coursen, déi weiderhi payant bleiwen, no uewe gedeckelt ginn, fir d'Tariffer tëscht de Gemenge sou gutt wéi méiglech ze harmoniséieren. Schliesslech wëlle mir vermeiden, dass e Schüler aus der Gemeng XY fir den nämlechte Cours méi muss bezuele wéi de Schüler aus der Gemeng AB oder ëmgedréit.

D'Gratuitéit an de Plafonnement vun den Aschreiwungskäschte suergen also derfir, dass all Schüler gläich behandelt gëtt, egal a wéi enger Gemeng en an d'Schoul geet.

Här President, nieft der Chancéglichheet fir all Kand gëtt bei dësem Projet de loi och dovun profitéiert, fir aner Prinzippien op de Leescht ze huelen. Aktuell gëtt d'Organisatioun an de Finanzement vum Museksunterrecht zu Lëtzebuerg iwwer e Gesetz aus dem leschte Joerhonnert gereegelt. Dëst Gesetz ass allerdings iwwerholl a spigelt net méi d'Realitéit vum Terrain erëm.

D'Gemengen hunn hautdesdaags mat vill méi groussen administrativen Opwänn ze kämpfen, ewéi dat nach viru 25, 30 Joer de Fall war. Schliesslech gouf d'Offer vum Museksunterrecht ëmmer nees weider ausgebaut, nei Coursen entwéckelt, nei Schoulen uechtert d'Land opgemaach. Dofir ass et wichteg, dass mir dat aalt Gesetz un déi nei Erausforderunge vun de Gemengen upassen.

De Rapport spécial vun der Cour des comptes iwwert d'Participatioun vum Staat un den Depensé fir de Museksunterrecht hat dunn eng weider Problematik opgeworf: D'Gesetz géif eng aner Method fir d'Berechnung vun der staatlecher Participatioun virgesi wéi d'Exekutiounsreglement. D'Reform vun dësem Calcul ass deemno e wichtige Punkt vun dësem Projet de loi. D'Subventioun vum Staat wäerte sech an Zukunft op d'Unzuel vu Minutte baséieren, déi pro Woch an enger Museksschoul ënnerriicht ginn, a variéieren deemno och vu Joer zu Joer.

Anescht wéi haut wäert de Montant also net méi un eng global Limit pro Joer gebonne sinn. De Syvicol huet dës Ænnerung ausdrécklech begréisst. De Calcul vun de Subventiounen gëtt domadder méi transparent, wat de Gemenge budgettechnesch eng gréisser Planungssécherheet wäert bidden.

An engem drëtten Punkt adaptéiert dës Projet de loi d'Konditiounen fir d'Rekrutement vun de Museksensegnanten. An de lokalen a regionale Museksschoule sinn d'Enseignanten an Zukunft aus der Karriär A2. A seelene Fäll kënnen d'Gemengen och Enseignanten ouni Bachelordiplom engagéieren, an zwar an der Karriär B1. Dat geet awer nëmmen, wann d'Commission de classement, déi iwwerens duerch dës virleiende Gesetzestext kreéiert gëtt, am Virfeld e positiven Avis dozou ofginn huet.

An de Conservatoires dogéint kënnen a solle souguer prioritär Enseignanten aus der Karriär A1 agestellt ginn. De virleiende Gesetzestext gesäit nämlech vir, dass op

d'mannst een Drëttel vun de Stonnen an de Conservatoir vu Museksproffen, also vun Enseignanté mat engem Masterdiplom, assuréiert gëtt. Nom Akraafttriede vun dësem Gesetz hunn d'Conservatoirë nënnef Joer laang Zäit, fir där neier Reegel gerecht ze ginn.

Wat d'Organisatioun vum Museksunterrecht betrëfft, sou kënnen d'Gemenge fräi entscheeden, wéi eng Zorte vu Coursen an hire Schoulen enseignéiert ginn: vu Solfège iwwer Piano, Theater, Gesank, bis hin zu Jazz, iergenden Danz, Orchester, alles ass méiglech! Am Gesetz gëtt da just festgehalten, wéi eng Divisiounen, also wéi eng Unterrechtsniveauen, an de Schoule kënnen enseignéiert ginn.

E weidert Zil vun dësem Projet de loi ass et, déi administrativ Prozedure fir d'Organisatioun vum Museksunterrecht ze digitaliséieren an d'Gemengen doduerch ze entlaaschten. Mat Hëllef vun engem informatieschen Tool solle sämtlech Donnéeë fir de Calcul vun de staatleche Subventiounen digital gespäichert an automatiséiert ginn. Doduerch gëtt engersäits de Calcul méi transparent an anerersäits kënnen déi perséinlech Donnéeë vun de Schüler besser geschützt ginn.

Zu gudder Lescht schafft dës Projet de loi dann och nach de Poste vum Commissaire du Gouvernement adjoint à l'enseignement musical.

Här President, ech kommen dann nach schnell zu den Avisen. Fir den Detail verweisen ech natierlech op de schrëftleche Rapport.

An hirem Avis hu souwuel de Syvicol wéi och d'Staatsbeamtekummer d'Reform vum ale Museksgesetz a besonnenesch d'Afëierung vun de gratis Musekskursé begréisst. Béid Instanze ware frou ze gesinn, dass déi staatleche Subventiounen an Zukunft net méi plafonéiert ginn an datt de Calcul eleng op d'Durée vun dem geleeschtenen Unterrecht baséiert gëtt.

De Syvicol begréisst och d'Mise en place vun enger digitaler Plattform fir d'Gemengen an d'Museksschoulen, déi engersäits d'Gestioun vun den Donnéeë méi sécher a méi einfach mécht an déi anerersäits de Calcul vun de staatleche Subventiounen automatiséiert.

Dësen Tool vereinfacht also net just déi administrativ Demarché fir d'Organisatioun vum Museksunterrecht, mee suergt och fir eng besser Transparenz a Planungssécherheet vun de Gemengen.

Nieft dëse Bemerkungen hat de Syvicol awer och e puer konstruktiv Kriticken a sengem Avis geäussert, besonnenesch wat d'Delaie fir d'Inscriptioun vun de Schüler a fir d'Organisatioun vum Museksunterrecht betrëfft. An deem Kader hat de Syvicol och éischter plädéiert, dass déi staatleche Subventiounen net just op Basis vun deene Schüler gerechent ginn, déi hiert Joer ofgeschloss hunn, mee fir sämtlech Schüler, déi um Datum vum 1. Dezember an enger Museksschoul ageschriwwen wieren. Soumat géif ee verhënnern, dass d'Gemenge fir d'Unzuel vun den Abandone gestrooft ginn, déi dem Syvicol senger Meinung no duerch d'Gratuitéit riskéieren an d'Luucht ze goen.

Hei donieft mengt de Syvicol och, dass déi verschidden Taux-de-basen, déi fir de Calcul vun de Subventiounen benotzt ginn an déi jee no Divisioun vum Museksunterrecht variéieren, net esou wäit auserenee dierfte leien. Fir weider Detailler, wéi gesot, verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis fënnef Oppositions formelles ausgeschwat, déi awer alleguerte konnten opgehewe ginn, nodeems mir den Text an der Educatiounskommissioun amendéiert haten.

Als Rapporteur vun dësem Gesetz sinn ech immens frou, dass mir an Zukunft all Kand, all Kand d'Méiglechkeet

ginn, an eng Museksschoul kënnen ze goen, seng musikaalesch Talenter ze entdecken an eng Passioun fir d'Musek, den Danz an den Theater ze entwéckelen. All Kand an all Jugendleche soll an de Genoss vun de ville Virdeeler vum Museksunterrecht kommen an dat onofhängeg vum Portmonni vun den Elteren. Lëtzebuerg spillt hei op en Neits eng Virreiderroll an der Groussregioun a vläicht souguer weltwäit.

Ech gesinn heibanne ganz vill Gemengepolitiker an déi begrësse bestëmmt, wéi ech selwer, d'Reform vun der staatlecher Finanzéierung vum Museksunterrecht. D'Gemengen hunn an de leschte Joren immens grouss Efforte geleescht, fir e qualitativ héichwäerteg Museksunterrecht ze offréieren, an dofir solle si och weiderhin an hirem Engagement ënnerstëtzt an och gestärkt ginn.

Wéi mir all wëssen, hat och de kulturelle Sektour an der Coronapandemie mat ganz villen Aschränkungen ze kämpfen. Engagement am Veräin, an der Musek oder an der Museksschoul war net ëmmer einfach während där Zäit. Genee wéi bei de Grondschoulen a Lycéeën gouf probéiert, de Museksunterrecht sou gutt wéi méiglech ënnert den néidege sanitäre Mesuren ze assuréieren an déi Jonk weiderhin um Ball – oder besser gesot beim Instrument – ze halen. Elo wou d'Pandemie a méi enger roueger Phas ass, ass et ëmsou méi wichteg, déi Jonk nees verstärkt zrëckzekeréieren bei d'Musek. Dofir kann ech och déi Campagne, déi de Ministère lancéiert huet, „Fann deng Bün!“, nëmmen ënnerstëtzen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Lamberty** (DP), rapporteur | Net just déi Jonk, mee och d'Enseignanten a sämtlech Acteure vun der Musekslandschaft solle virun Ae gehale kréien, wéi wichteg d'Musek, den Danz an den Theater fir déi perséinlech Erfëllung vum Kand sinn.

Mir schafe mat dësem Text en harmoneschen Orchester, an deem all Kand eng Plaz huet a wou déi Jonk kënnen dru wuessen. Eng Bün, fir hir Talenter fräi ze entfalten an ënner Beweis ze stellen, hir Passioune ze entdecken a sech zu räifen Erwuessenen ze entwéckelen.

Léif Kollegeinnen a Kollegeen, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen dem Här Rapporteur Claude Lamberty villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner. Dat ass déi honorabel Madamm Octavie Modert. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Merci, Här President. Den 28. Abrëll 1998 ass en neien Zäitalter fir de Museksunterrecht ugaangen hei zu Lëtzebuerg. Et war d'Gesetz iwwert d'Harmoniséierung vum kommunale Museksunterrecht an eng staatlech Kofinanzéierung fir dëse Museksunterrecht. Ech mengen, dat Gesetz huet en immensen Opdriff bruecht fir de Museksunterrecht zu Lëtzebuerg an dat iwwerall am Land. Et huet eng grouss Dynamik an e substanzuelle Qualitéitssprong bruecht. Ech mengen, dat ass eng Feststellung, mat där jiddwereen ëmmer averstanen ass a war.

Haut stëmme mir zousätzlech Verbesserungen zum deemolege System. No enger Zäit imposéiert sech souwisou esou eppes a vun 2012 un ass och un enger Reform geschafft ginn. Si konnt net deponéiert gi weinst där ofgekierzter Legislaturperiod.

Am Hierscht 2021 ass dëse Projet de loi an d'Chamber komm an e bréngt, wéi gesot, eng Rei Ajustementer a Verbesserungen, déi ganz kloer sinn. En hätt der souguer nach méi brénge kënnen!

Fir d'CSV ass de Museksunterrecht ganz wichteg. Et ass wichteg fir e Kand, fir e jonke Mënsch, Kontakt mat der Musek ze kréien. Et hëlleft him a senger Entwécklung, et hëlleft him sech auszudrécken. Et ass wichteg fir säin emotionaalt Wuelbefannen, fir seng perséinlech Entfaltung.

Mir hunn haut 18.000 Schüler, déi ageschriwwen sinn am Museksunterrecht uechtert d'ganz Land. Mam ale Gesetz vun 1998 hu mir also 18.000 Schüler esou hikritt an dem Museksunterrecht. Dat Gesetz ass a war also en Erfolleg, et ass net gescheitert.

Mam neien, zukünftege Gesetz, Här Minister, hoffen ech, datt et a Richtung vu 25.000 Schüler geet oder méi, well Musek ass kee Luxus. E Gehierfuerscher, Manfred Spitzer huet e geheescht, deen huet gesot: „Wissenschaftlich gesehen wärend die wichtigsten Schulfächer Musik [...]“. En huet och gesot: Sport, Theater spillen a Konscht. Fir d'CSV ass et also evident, datt mir dat neit Gesetz matdroen a stëmmen. Et ënnerstëtzt d'Gläichheet an d'Musek als Integrationsfaktor. An dat huet och schonn de Rapporteur gesot, deem ech Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a fir säi flotte mëndleche Rapport.

Ech bedauern an deem Kontext allerdéngs, datt mäi Virschlag net ugehooll ginn ass, fir keng Altersgrenz fir d'Zréckbezuule vun den Aschreiwungskäschten anzuschreien. Sou hätt een deenen Erwuessenen, déi sech et net sou gutt leeschte kënnen, méi Chancë bidde kënnen am Museksunterrecht. Do hätt ee jo och zum Beispill en anere Plaffong aschreiwéi kënnen wéi dee vun dräi an engem hallwe Mol de Mindestloun. Dat wär, mengen ech, am Beräich Chancëgläichheet och flott gewiescht.

D'Verbesserungen hätten also nach kënnen verbessert ginn, Verbesserungen, déi ganz kloer do sinn.

Verbessert hätt och kënnen ginn, datt zum Beispill d'Finanzéierung Hallschecht-Hallschecht gewiescht wär, fifty-fifty zwëschen Staat a Gemengen, amplaz vun där Drëttesopdeelung. Et huet jo geheescht, hei géif vill geännert ginn. Mee dann, Här Minister, hätt een hei och nach kënnen en neie Wee goe wéi virdrun.

Dat neit Gesetz bréngt also och net méi Gläichheet zwëschen de Gemengen. Dir hätt sollen all Gemeng d'selwecht matbezuule loosse an direkt um Finanzement vum Unterrecht vum senger Awunner bedeelegen, egal wou se ageschriwwen sinn, egal a wéi enger Museksschoul oder wéi engem Conservatoire se sinn. Elo bleiwen déi méi finanzschwaach Gemengen, déi e Museksunterrecht organiséieren, op Méikäschte setzen a grad si hu jo missen héich Aschreiwungskäschte froen an der Zäit, aus finanziellen Ursaachen. Dat gött jo elo ofgeschaaft. Dat ass gutt fir d'Schüler, ganz sécher! Awer ob d'Kompenséierung vum gratis a gedecktem Minerval esou opgeet, wéi dat behaupt gött, dat wär natierlech ze hoffen, bleift awer definitiv ze gesinn an der Praxis, well et bleift ze gesinn, wéi et mam Finanzéierungsbedarf an de Méikäschte fir d'Gemengen opgoe wäert.

Mir hunn ëmmer gesot kritt vun Iech, Här Minister, oder vun Ärem Vertrieeder, dat wär esou. Et gött awer och aner Prognosen. Deckt déi nei finanziell Bedeelegung vum Staat zum Beispill dann och tatsächlech déi nei Gehälter komplett mat of, sou wéi mer dat och gesot kritt hunn? Well och do gött et Stëmmen, déi dat unzweifelen. Dofir, Här Minister, kënn Dir eis dat wanneghegelfit am Detail erklären?

A wa mer bei de Gehälter sinn, dann ass natierlech och d'Fro: Wéini kënn dat separat Gesetz iwwert d'Gehälter an d'Chamber a wéi gesi seng Dispositiounen aus, nodeems se jo weinst Oppositionsformelles vum Staatsrot aus dësem Gesetz erausgestrach gi sinn? Eng Revaloriséierung ass richteg, mee d'Gemenge mussen d'Konsequenze richteg aschätzen an droe kënnen respektiv derbäi gehollef kréien.

Dofir hunn ech och e puermol gefrot, fir de Basistaux op 40 Euro amplaz op 30 Euro pro Minutt ze setzen. Dat hätt vläicht och gehollef bei de ville CDDen, wou et gutt wär, et géifen der an Zukunft manner kënnen ginn. Ech mengen, dat wär sécherlech och e Punkt gewiescht, deen do derbäi besser mat virun hätt kënnen kommen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Octavie Modert** (CSV) | An dofir fënnt d'CSV et richteg, d'Applikatioun vun dësem neie Gesetz fréi genuch ze evaluéieren. Ech mengen, dat ass allgemeng eng gutt legislativ Aart, an ech denken, jiddwereengem heibannen ass dat wichteg.

Dofir, Här President, géif ech eng Motioun hannerleeën an deem Sënn.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

– *considérant que la loi du 28 avril 1998 portant harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal a, pour la première fois, introduit un cofinancement étatique de l'enseignement musical communal et l'a organisé d'une façon homogène pour l'ensemble du pays ;*

– *que cette loi a conduit à un essor indéniable de l'enseignement musical et une recrudescence du nombre d'élèves inscrits ;*

– *que le présent projet de loi n° 7907 porte réforme de la loi de 1998 précitée incluant un certain nombre d'améliorations structurelles, ainsi qu'une redéfinition du mode de cofinancement étatique ;*

– *que ces adaptations s'imposent à la lumière des enseignements tirés au fil des années de l'application de la loi de 1998 ;*

– *qu'il s'imposait de revoir e. a. le financement de l'enseignement musical ;*

– *que les nouvelles modalités de financement, dont la participation financière étatique, doivent être suivies dans leur application pratique et concrète, de même que les délais et procédures concernant les inscriptions et leur validation administrative,*

*invite le Gouvernement*

– *à procéder à une évaluation de l'application de la présente loi portant organisation de l'enseignement musical dans le secteur communal au plus tard dans deux années, et annuellement par la suite ;*

– *et à présenter les résultats de l'évaluation à la Chambre des Députés afin, le cas échéant, d'apporter les adaptations nécessaires.*

(s.) Octavie Modert, Diane Adehm, Emile Eicher, Max Hengel, Georges Mischo.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci.

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Och bei den Infrastrukturen, do gött et an Zukunft oder vläicht och schonn haut e Subsid vu 25 % vun Ärem Ministère, Här Minister. Dat hätt een och nach besser maache kënnen, besser wéi dat virdrun a Finanzkrisenzäite méiglech war. Well et muss ee froen: Firwat gött hei d'Subventionéierung net mat den normale Schoulgebäuer gläichgezunn? Dir hutt jo och de Minerval esou behandelt. Ech mengen, da wär dat och eng logesch Folleg gewiescht.



Ech wëll nach zwou Bemierkunge maachen zu den Delaien. D'Kanner musse bis de 15. September am Museksschoulunterrecht ageschriwwen sinn. Un deem Datum ass net geréckelt ginn. An an der Praxis heescht dat, datt nom 15. September keen neie Schüler méi kann ageschriwwen ginn. Bis ewell hunn d'Musekschoulen awer ëmmer nach Schüler akzeptéiert, déi an den éischten zwou Wochen, nodeems de Schoulufank war, nach nokomm sinn, an et ass dramatesch, wann dat elo net méi geet.

Et wäert ëmmer nach vill Leit ginn, déi hir Kanner eréischt nom Schoulufank vum hallwe September an d'Fräizäitaktivitéiten aschreiwé wëllen. Do wär den 30. September méi realistesch gewiescht. A souguer all Dag nom 15. September – a wär et och nëmmen den 20. September gewiescht – wär schonn eng Verbesserung gewiescht.

Änlech ass et mam Datum vum 15. November. Wann e Schüler ophält – a mir hunn e puermol an der Kommission doriwwer diskutéiert –, da kann zwar e Schüler een aneren, deen ophält, ersetzen. Et kann awer zousätzlech keen neie méi bäikommen nom 15. November an all Schüler, deen duerno ophält, kréien d'Gemengen net bezuelt. Mir sinn hei awer net am reguläre Schoulunterrecht, wou een eeben net ophalen däerf. De Problem stellt sech heibäi schonn, wann e Kand an eng aner Gemeng plënnert. Souguer do stellt sech d'Fro schonn an ech denken, Här Minister, dat hätt kënnen e bëssen aneschters gereegelt ginn.

Dofir ass et och e bëssen ze bedauern, datt d'Virschléi, déi an der Chambersaarbecht komm sinn, och wa se nëmme vun der Opposition waren, net interesséiert hu mam Argument: „Dat ass net gefrot gi vun de Stakeholder.“ Sou huet et geheescht. Dat ass schued. Souvill dozou, wat dës Regierung vum Parlament an dem Parlamentarismus hält. Amplaz nëmme just eppes unzuhuelen, wann et vu bausse vun der Chamber kënn.

Mee mir wëllen dem neie Gesetz eng Chance ginn an him all Chance wënschen. De Museksunterrecht ass der CSV ze wichteg an, léif Kolleegen a Kolleginnen, léif Kolleginnen a Kolleegen, seng Uwendung ka jo evaluéiert an ugepasst ginn. Déi Méiglechkeet besteet jo ëmmer. Mir hoffen dofir, datt Dir eis Motioun matdrot.

Bis zur Evaluéierung ka jo och d'Zesummenaarbecht an d'Zesummeréckele vum Museksunterrecht an dem reguläre Schoulunterrecht zur Reegel ginn iwwert déi haiteg Pilotprojeten eraus, wat eng gutt Saach ass mat de Pilotprojeten an eng gutt Saach wär a wäert sinn, wann et definitiv ass. Et gëtt jo esou e puer Pilotprojeten op ville Plazen, zum Beispill zu Jonglënster, wou eis Kollegin Françoise Hetto eis seet: „Dat funktionéiert dann, wann dat normaalt Léierpersonal mat derbäi ass, am beschten.“

*(Interruption)*

Op jidde Fall ass dës Rapprochement vu Schoulunterrecht a Museksunterrecht oder Musekskontakt eng ganz gutt Saach. A mat dem Kompetenzwiessel vum ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Di Bartolomeo, piano, wannechgelift!

**Plusieurs voix** | O!

**Une voix** | Ey!

**Plusieurs voix** | Ey! Ey! Ey!

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dat ass ganz richtig. Mezzo forte, Här Di Bartolomeo, Der braucht elo guer net ze äntweren. Piano war ganz gutt. Elo fuere mer da mat der Musek weider virun, wéi de President ...

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**Mme Octavie Modert** (CSV) | ... d'Nout hei ugin huet.

*(Interruptions et hilarité)*

Jo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Macht Dir virun.

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Also ech fanne jiddfalls dee Rapprochement eng gutt Saach. A wann de Kompetenzwiessel vum Museksschoulunterrecht aus dem Kulturministère eraus an den Educationsministère dat mat sech bréngen géif, well dat d'Saach sécherlech vereinfacht, da wär dee Wiessel dofir scho gutt gewiescht. Da wär ech och doriwwer frou dann.

Ech mengen och, de Bachelor am Museksunterrecht – och deen huet de Rapporteur schonn ugeschwat – kann een da vläicht schonn e bësse besser ofgesinn, wéi et ass. Vläch hutt Dir awer, Här Minister, och haut d'Zuelen. Et huet net direkt eppes mam Gesetz ze dinn. Et ass trotzdem fir d'Gesetz och wichteg, wéi vill Leit ageschriwwen sinn a wéi de Succès do dervun ass.

Natierlech wär et och gutt, wann de Staat dann elo nach säi Projet vum Veräinsbus, deen d'Regierungserklärung virgesinn hat, réaliséiere géif an deen net op d'Gemengen ofwälze géif. Dir hutt datannoncéiert. Dat wär sécherlech dann och e gudden Akt.

Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen, Musek ass e profund humanisteschen Akt. Et ass eng Passioun. Wann eis Fangere sech op d'Taste leeën, eise Mond Melodien aus engem Instrument verwandelt an eis Stëmm se klänge léisst, dat beréiert eis ganz direkt, ouni Filter. An ech hu schonn ëmmer gesot: Musek ass eng universell Sprooch. Jiddweree versteet se, ouni Grenzen, ouni Barriären, mat Gefiller! Egal wou Schenge läit, Musek verbënnt iwwer all Grenzen eraus a si verbënnt all d'Generatiounen an all d'Kulturen.

An dofir, léif Kolleeg/innen: „Dat Besch an der Musek steet net an den Nouten.“ Dat sot schonn de Gustav Mahler. D'CSV ass fir de Museksunterrecht a stëmmt dëst Gesetz mat.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Modert. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Här President, Kolleginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, de fréieren däitsche Bundeskanzler Helmut Schmidt huet emol gesot: „Lasst uns dafür sorgen, dass in unseren Wohnungen und in unseren Schulen gesungen und Musik gemacht wird, auf dass die Nachwachsenden lernen, daran Freude zu haben. Es wird Zeit für jene Sprache, die unsere Seele ohne Umwege erreicht.“

De Professor Michael Schulte-Markwort, dat ass en erkannten däitsche Kanner- a Jugendpsychiater, huet och gesot, dass een net fréi genuch domat ufänke kann, d'Kanner un d'Musek ze gewinnen, andeems een hinnen eppes virsingt oder och zesumme mat hinne séngt. D'Kanner reagéieren nämlech ganz fréi op Musek. Experimenter hunn erginn, dass scho Bébeeën am Bauch op eng bestëmmt Musek reagéieren a se dann och herno no der Gebuert erëmerkennen. An d'Kanner géifen natierlech dovunner profitéieren, wa se fréi mat dëser Welt vun de Kläng an de Rhythme a Verbindung kommen, seet de Kannerpsychiater weider.

Et gëtt vun Ufank un aner Gehierzentre mat der Musek ugeschwat wéi bei der Sprooch zum Beispill. Ënnersichungen hunn erginn, dass d'Sproochentwécklung vun de Kanner besser a méi séier ofleeft, wa se vill

Musek lauschteren. An esou huet den Här Schulte-Markwort weider gesot, d'Musek géif och hëllefen, d'motoresch Entwécklung ze fërderen a Spannungen ofzebauen an natierlech géif d'Gediechnis och gestärkt, wann een zum Beispill Lidder auswennege léiert.

Aner Wëssenschaftler a Psychologen hunn erausfonnt, dass d'Musek glécklech mécht. Et ass wëssenschaftlech beluecht, dass de Museksunterrecht de Kanner derbäi hëlleft, hir Émgéigend besser wouerzehuelen a besser ze verstoen. Si léieren, sech méi kloer matzedelen. Doduerch entwéckele si emotional a sozial Fäegkeeten, wéi zum Beispill och eng gutt Kommunikatioun, an och d'Konzentratioun gëtt am Museksunterrecht gefërdert.

E Kand, dat en Instrument léiere wëllt, sollt dozou encouragéiert ginn, well ganz vill Grënn derfir schwätze géifen, soen d'Wëssenschaftler weider. Aktivt Musizéiere fërdert d'Intelligenz an d'Sproochverméigen. Dat hunn ech jo schonn am Ufank gesot.

Wann een en Instrument léiert, beschäftegt ee sech mat sech selwer. Déi sozial Kompetenz ginn och verbessert, d'Konzentratioun gefërdert, an och d'Gedold an d'Ausdauer. Studie beleeeën och, dass Kanner, déi Musek maachen, besser schoulesch Leeschtunge bréngen wéi déi, déi mat Musek näischt um Hutt hunn.

Doriwwer eraus si Musek a Gesank e wichtigen Deel vun eiser Kultur. A meng Virriedner hunn dat och scho gesot. D'Wëssenschaft geet dervun aus, dass d'Musikalitéit eng Fäegkeet ass, déi eis Mënschen alleguer ugebuer ass. An all Kultur gëtt et Danz a Musek. Musek ass eppes, dat eis alleguer verbënnt a sproochlech Barriären iwwerwënnt. Et ass immens wichteg, dass mir dës universell Sprooch bei eise Kanner a Jonke fërdere, fir d'Kultur weiderzeginn an d'Entsteung vun neie kulturellen Entwécklungen ze ënnerstëtzen.

Här President, d'Haaptzil vun dësem Projet de loi ass jo, d'Roll vum Museksunterrecht als feste Bestanddeel vun eiser Educatioun ze stäerken a Kanner a Jonker fir Musek, Gesank, Diktioun, Theater an och Danz ze begeeschteren. Mir wëssen, dass d'musikalesch Erfahrungen doheim, an der Famill an och am Spillschoulsalter a soss an der Schoul e groussen Afloss hunn op d'grondleeënd Astellung vun engem Kand vis-à-vis vun der Musek. Dofir huet den Enseignement musical eng wichteg kulturell, sozial a politesch Aufgab.

Et ass wichteg, dass all Kand Accès zum Museksunterrecht huet. Mir brauchen an eiser Gesellschaft Plazen, wou Kanner a Jonker Musek kënnen léieren a sech aktiv a bewosst mat Musek ausenanesetzen a beschäftege kënnen. Dës Plazen definéiert de Projet de loi elo ganz kloer. Et sinn: d'Museksschoulen an de Gemengen, d'regional Museksschoul an d'Conservatoiren.

Dëse Projet de loi renforcéiert déi zentral Roll, déi déi dräi Zorte vu Museksschoule spillen. D'Conservatoiren erfëllen hei eng national Missioun. Fir dës national Missioun ze erfëllen, mussen d'Conservatoiren de Museksunterrecht, nieft der allgemenger Ausbildung vun deenen aneren, och an den Divisions „moyenne spécialisée“ a „supérieure“ an am „degré supérieur“ assuréieren.

Mir setze mat dësem Projet de loi – an, ech mengen, de Rapporteur huet dat scho gesot – zwee Punkten aus eise Koalitiounsaccord ëm. Dat ass engersäits de gratis Accès fir eng grouss Partie vu Coursé bis 18 Joer an anerersäits d'Reform vum Finanzement vum Ministère, dee fir méi Gerechtegkeet tëscht de Gemenge suert. De Minerval kann awer weiderhin och vun de Gemenge selwer festgeluecht ginn.

Gratis Museksunterrecht, deen elo mat dësem Projet de loi ugebuede gëtt, ass u sech e Paradigmewiessel an eng grouss Ouverture, fir Kanner a Jugendlecher fir d'Kultur ze sensibiliséieren. Museks-, Gesanks- an

Danzcoursen dierfen op kee Fall e Privileeg sinn an de Kanner a Jonke vun Eltere mat den néidege finanziellen Mittelen oder aus Gemenge mat entsprechende Ressource virbehale sinn.

Dese Projet de loi reformiert grondleeënd d'Aart a Weis, wéi d'Participatioun vum Staat gerechent gëtt. E gesäit vir, dass de staatleche Finanzement vum Enseignement musical en Deel vum Budget annuel vum Ministère ass. De Calcul vun der staatlecher Participatioun baséiert sech op de Basistaux pro Minutt Cours, dee gehale gëtt. An heifir mussen d'Gemengen d'Donnéeën an engem informatesche System validéieren.

De Basistaux pro Minutt variéiert dann tëscht 30 Euro an 105 Euro an hänkt tatsächlech vum Niveau vum Cours of. Zousätzlech gëtt dann och nach e supplementären Taux agefouert, deen erlaabt, dass e groussen Deel Cours fir Kanner a Jonker ënner 18 Joer komplett gratis ass. Et gëtt also eng breet Palett vu Coursen ugebueden, déi fir d'Schüler gratis sinn an an deene verschidde Beräicher eng ganz gutt Basisausbildung duerstellen.

D'Participatioun vum Staat ass dann domat net méi plafonéiert a gläichzäitig och méi transparent, wéi dat aktuell nach de Fall ass. D'Gemengen, déi fir déi lafend Käschte vun de Cours responsabel bleiwen, kënnen am Verglach zu der aktueller Situatioun méi einfach plangen. Heimat gëtt also eng zolidd Basis geschaaft, déi d'Gemengen net nëmmen um finanzielle Plang, mee och administrativ entlaascht. D'administrativ Demarchen, déi fir d'Organisatioun an de Finanzement noutwendeg sinn, gi fir d'Gemengen nämlech vereinfacht. Mat der Aféierung – an dat ass jo och scho gesot ginn – vun engem informatesche Gestionsystem ginn d'Minutte Cours, déi pro Woch an all Gemeng gehale ginn, einfach erfaasst. Domat gëtt och déi finanziell Participatioun vum Staat automatesch gerechent. Dese System garantéiert dobäi och de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën vum Museksschüler.

An der Kommissioun hu mer eng Zäitchen iwwert den Aschreiwungsdatum diskutéiert. D'Madamm Modert huet virdrun och schonn driwwer geschwat. D'Fro ass do opkomm, dass et net genuch flexibel wär fir d'Museksschoulen oder d'Conservatoires, wa just den Datum vum 15. September festgehale géif ginn als leschten Datum, fir Schüler unzehuelen. Bis elo waren d'Schoule do ëmmer e bësse méi kulant an hunn och emol no deem Datum Kanner a Jonker ageschriwwen. Mir hunn awer erkläert kritt, dass dës aus Organisationsgrënn a weinst dem Plang vum Finanzement esou festgeluecht ginn ass. An och aus pedagogesche Grënn wär et besser, wann d'Schüler vun Ufank un derbäi wäeren.

Et bleift jo awer och elo bis d'Rentrée nach Zäit, fir dës an de Schoulen esou ze organiséieren, dass ee fréi genuch ka sensibiliséieren a motivéieren, dass d'Leit sech da matzäiten, also virum 15. September, kënnen aschreiwen oder d'Elteren hir Kanner kënnen aschreiwen. Et ass jo och net esou, dass kee Schüler kann no deem Datum méi opgehooll ginn, mee de Finanzement vum Ministère fir dese Schüler ass dann net garantéiert.

Wat awer kloer ass an dat fanne mir och ganz gutt: Wa Schüler aus iergendwelleche Grënn net un de Coursen deelhuele a fréizäitig ophalen, kënnen dës Schüler duerch en anere Schüler ersat ginn, egal och fir wéi ee Cours. An do ass dann de Schoulen och eng gewësse Flexibilitéit garantéiert.

Här President, dese Projet de loi gesäit iwwregens och vir, dass fir déi Coursen, déi net gratis sinn, eng Famill kann eng finanziell Hëllef ufroen, fir de Minimalverlooss ze kréien. Dës Hëllef kënn fir Kanner ënner 18 Joer a Fro, wa si aus enger Famill kommen,

déi manner wéi 3,5-mol de sozialen net qualifizéierte Mindestloun huet. Den Delai fir dës finanziell Hëllef ass de 15. Oktober vum jeeweilege Schouljoer an dat appreciéiere mir ganz staark.

Eng weider Neierung an deem Projet de loi ass d'Kreatioun vun engem Poste vum Commissaire du Gouvernement adjoint à l'enseignement musical. A wéi de Rapporteur scho beschriwwen huet, ware jo fënnf Oppositions formelles am éischten Avis vum Staatsrot. Den Text ass an der Kommissioun och vill diskutéiert ginn – positiv, och heiansdo net esou positiv –, mee bearbecht ginn. Dat ass awer eng ganz flott Aarbecht gewiescht. Eng Partie Dispositiounen hu misse erausgeholl ginn a ginn an engem separate Projet de loi vum Inneministère opgefaangen. Dat ass néideg ginn, well de Staatsrot a sengem Avis eng Opposition formelle gemaach huet an deem Sënn, dass d'Aarbechtskonditiounen an d'Remuneratioun vum Personnel enseignant Matière réservée à la loi sinn. Bis elo huet e Règlement grand-ducal de legale Kader fir dës Bestëmmunge regléiert.

Am Inneministère ass, wéi gesot, e Projet de loi an der Maach, deen esou séier wéi méiglech deposéiert gëtt. Ech géif gär betounen, dass dese separate Projet de loi um Niveau vun den Aarbechtskonditiounen näischt ännert fir d'Personal, awer um Niveau vun de Paien eng Revalorisatioun vun de Karriäre virgesinn ass.

Et ass jo och esou, dass d'Personal mat engem Master-ofschloss dëschen und anerkannt kritt huet an deementsprechend an d'Karriär A1 kënn. Fir eis als LSAP war et wichteg, dass déi Chargé-de-coursen, no jorelaangem Fuerderen, hiren Diplom am Juli d'lescht Joer unerkannt kritt hunn. Déi betraffe Persounen wäerten also weider elo an dëser Karriär virufuere kënnen, déi awer dann opgewäert gëtt an der Karriär vum administrativen an techneschen Agenten ugepasst gëtt.

Ech ginn heierop an, well dee virleiende Projet de loi jo virgesäit, dass an de Museksschoule vun de Gemengen am Prinzip just nach Personal mam Statut vum Employé communal a vum Salarié an der Karriär A2 ka rekrutéiert ginn – dat souwuel fir de Chargé de direction wéi fir d'Enseignanten.

An de regionale Museksschoulen ass jo déi héchst Karriär, also den A1, just fir den Directeur an den Directeur adjoint virgesinn. A fir d'Chargés de direction souwéi fir d'Enseignant vum de regionale Museksschoulen ass d'Karriär A2 festgeluecht.

An dann an de Conservatoire kënnen den Direkter an den Directeur adjoint Museksprofessoren, déi de Statut vum Fonctionnaire communal hunn, dann eeben och an der Karriär A1 ageballt ginn. Déi aner Enseignanten, och am Conservatoire, kréien d'Karriär A2 am Regime vum Employé communal. Just an deem Fall, wou et sech erausstellt, dass et onméiglech ass, en Enseignant an der Karriär A2 anzustellen, kann an Zukunft awer och op en Enseignant aus der Karriär B1 zréckgegraff ginn.

Dat ass e bëssen technesch, mee ech fannen et ëmmer erëm wichteg, et nach emol ze bestätegen.

An de Conservatoire muss dann awer weinstens, an dat ass och scho gesot ginn, en Drëttel vun hirem Personal am Statut vum Fonctionnaire sinn, wat elo schonns gréisstendeels de Fall ass. An do, wou et nach net de Fall ass, gëllt dann en Delai vu fënnf Joer vun deem Moment un, wou d'Gesetz a Kraaft tritt.

D'Bestëmmungen iwwert de Rekrutement vum Personal sinn engersäits natierlech fir dat zukünftge neit Personal vun de verschidde Museksschoulen an hir Valorisation wichteg. Anerersäits ass et och e Wee, fir d'Qualitéit vun den Ausbildungen ze garantéieren. Ouni kompetent Enseignanten, déi an deem, wat si

maachen, passionéiert sinn, kënnen mer eise Kanner a Jonke keng qualitativ héichwäerteg Musekskursen ubidden, déi hinne solle Freed maachen, déi si solle fir d'Musek begeeschten an déi hir Talenter fërderen.

Wann Der erlaabt, géif ech nach gären op e Punkt agoen, dee mer och um Häerz läit. An dat ass e bësse parallel zum Museksunterricht an de Museksschoulen a Conservatoires: dat ass de Museksschulunterricht an der Schoul.

Ech géif et wichteg fannen, dass mer net vergiessen, dass an der Grondschoul d'Förderung vu Musek a Gesank nach weider héichgehale gëtt. Ech ka mech gutt erënneren: Déi Zäit, wou meng Generatioun an d'Schoul gaangen ass, ass nach vill méi gesonge ginn an der Schoul. Haut, mengen ech, ass dat net grad méi esou de Fall. Mee an der Grondschoul gehéiert d'musikalesch Bildung wuel zum Léierplang am Kader vun der Aféierung an d'Ästhetik, d'Kreatioun an d'Kulturen, d'Konscht an d'Musek mat spezifischem didaktesche Material. Mee wann ee sech e bëssen esou ronderëm ëmlauschert, ass dat awer vläicht net ëmmer an all Klassenfall de Fall.

Natierlech huet och all Enseignant seng Talenter. Ech denken awer, dass et wichteg ass fir d'Entwécklung vum Kand, och hei déi musikalesch Bildung net ze vergiessen. Et ass och kloer, dass trotz deem Projet de loi elo net all Kand wäert ageschriwwen ginn, fir Musek a Gesank oder Danz an enger Museksschoul ze léieren. Dofir ass et fir eis als LSAP och wichteg, dësen Aspekt nach weider ze berücksichtegen an och an de Schoulen d'Konschterzéiung weider ze fërderen, wuel wëssend, dass elo schonns verschidden Aktiounen vum Ministère, also vum SCRIPT, an d'Liewe geruff gi sinn, déi dës kulturell Förderung ënnerstëtzen. Ech schwätzen elo hei vun der Plattform „kulturama“ un oder och vu „mimamu“, déi sech speziell fir d'Förderung vun de musikaleschen Kompetenzen an Erlebnissen an der Schoullandschaft asetzen, fir nëmmen elo déi ze nennen.

Dës Iddie gehéieren elo net direkt hei zu deem Projet de loi, mee et war mer awer wichteg, och an deem Kader op dës anzugehen, well dese Volet zur musikalescher Bildung vun eise Kanner gehéiert a wourun dese Projet jo och uknüpft.

Et gëtt och eng etlech Gemengen, an deenen eng gutt Kollaboratioun tëscht Conservatoires a Museksschoul besteet a wou och ganz vill op d'Bee gestallt gëtt; sief dat an der Grondschoul oder och an den SEAen. Et gëtt och Gemengen, déi hir Kanner mat eegene Camionnetten an d'Museksschoul oder och an d'Sportsveräiner féieren. Ech kennen do eng, déi dat mécht. An do si mer sécherlech all frou, wann dann dee Projet och vum Kannerverlaansbus Realitéit gëtt, wou dann och all d'Gemenge kënnen mat op de Wee goen an den Transport besser organiséieren.

Ech si frou, dass dese Projet de loi schonns ab der nächster Rentrée, also ab dem Schouljoer 2022/2023, soll a Kraaft trieden. D'musikalesch Talenter vun alle Kanner mussen gefërdert ginn an all d'Talenter mussen déi selwecht Chance kréien.

Ech soen op dëser Plaz dann awer och dem Claude Lamberty – als Sportler – Merci fir säi musikalesche schrëftlechen a mündleche Rapport. Ech ginn heimat dann natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. An – wéi kann et anescht sinn? – ech halen dann nach mat engem Zitat op, an zwar vum Victor Hugo. Deen huet gesot: „La musique exprime ce qui ne peut être dit et sur quoi il est impossible de rester silencieux.“

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!



**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Asselborn-Bintz. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Sangt gutt!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Nee, ech sange meng Ried elo net, Här Margue!

(Hilarité)

Här President, erlaabt mer direkt am Ufank, dem Här Rapporteur en häerzleche Merci ze soe fir säi ganz ausféierlechen an anschauliche Rapport.

Mir begrëssen dëse Projet, deen e Versprechen aus dem Koalitionsaccord ëmsetzt, nämlech, e besseren an e méi breeden Zougang zum Museksunterrecht unzëbiden. Den Zougang zur Kultur fir all Alter an all Hierkonft ass eng staark Prioritéit fir dës Regierung an dat ënnerstëtze mer ausdrécklech.

Derbäi komme mat dësem Gesetz eng Rei Verbesserungen bei der praktescher Organisatioun, déi och de Gemengen zeguttkommen. Den Enseignement musical gëtt vun de Gemengen organiséiert ënnert der Tutelle vum Educatiounsministère fir déi pedagogesch Aspekter an ënnert där vum Interieur fir déi administrativ a finanziell Aspekter.

Aktuell zielt den Enseignement musical zu Lëtzebuerg eng 18.000 Schülerinnen a Schüler ab dem Alter vu véier Joer. Encadréiert gi si vu ronn 750 Enseignanten. Um Niveau vun de Schoulen ziele mer 3 Conservatoires, 12 regional an 23 lokal Museksschoulen. Dës Dräideelung wäert och am Projet de loi vun haut bestoe bleiwen.

De Projet beinhalt och en Aspekt vun der Digitaliséierung. Esou kréien d'Gemenge fir d'Organisatioun vum Museksunterrecht an Zukunft en informatesche System un d'Hand, deen d'Organisatioun vereinfacht an och d'Datesécherheet garantéiert.

Déi lescht inhaltlech Neierung vum Projet de loi ass d'Schaffung vum Poste vum Commissaire du Gouvernement adjoint à l'enseignement musical. Dëst ass eng sënnavoll Neierung, well d'Ziel vun den Aufgaben fir de Kommissär an och d'Ziel vun de Schülerinnen a Schüler säit dem urspréngleche Gesetz vun 1998 natierlech staark geklommen ass. Mir begrëssen awer och, dass hei während de Kommissionsaarbechten nach Ufuerderung fir dee Poste preziséiert goufen, esou wéi och verschidden Avisen dat gefuerdert hunn.

Dëse Projet de loi kascht natierlech eppes. An de Montant vun der staatlecher Participatioun um Finanzement vun de Museksschoulen ass an Zukunft net méi fix plafonéiert. Si orientéiert sech elo un de Minutten, déi effektiv enseignéiert ginn. Esou sollen déi reell Käschte méi prezis iwwerholl ginn. Et entsteet doduerjer méi Transparenz a méi Previsibilitéit fir déi Concernéiert.

Kolleeginnen a Kolleegen, den Accès zur Kultur an den Éveil à la culture si wichteg Piliere vun eiser Kulturpolitik, wéi mir Gréng se och ëmmer erëm héichgehalen hunn. Fir dass d'Kultur als e Vecteur vun der Inklusioun an eiser Gesellschaft ka funktionéieren, ass et wichtig, dass jiddereen Zougang dozou huet. Besonnesch bei Kanner a Jonken heescht dat, dass si d'Wëssen an d'Sensibilitéit musse mat op de Wee kréien, fir hiren Interessi u Kultur ze entdecken a weiderzuentwéckelen.

Musek ass e wichtegen Deel am Liewe vu ganz ville Leit an all Alter a queesch duerch d'Gesellschaft. D'Grondnotiounen vun der Musek sinn en Deel vun der Allgemengbildung. Musek kann och derbäi hëllefen – an et gouf och scho vu menge Virriedner/inne gesot –, fir an anere Wëssensberäicher Fortschrëtt

ze maachen. Eng musikalesch Ausbildung ass also en Deel vun enger ganzheetlecher Erzéiung vum Kand. A mat den zousätzleche Beräicher – Danz an Theater – promovéiere mer doduerjer och eng ganzheetlech Notioun vun der Kultur vum fréisten Alter un. Esou wéi et am Sport den Ënnerschied vum Breedessport an dem Spëtzesport gëtt, déi alle béid um Jugendberäich opbauen, esou ass och an der Musek eng gutt Basisformatioun eng wichteg Basis fir déi, déi spéider eng weiderféierend Ausbildung an der Musek wëllen absolvéieren oder se souguer zu hirem Beruff maache wëllen.

An deem Sënn kann de Projet vun haut och bei der weiderer Professionaliséierung vun eiser Kulturzeen eng Roll spillen, esou wéi se eeben och am Kulturentwécklungsplang a vum Kulturministère geförder gëtt.

A wa mer dës Basisausbildung weider denken an der Optik, fir d'Perspektive fir jonk Museker a Konscht-schaffender allgemeng auszubauen, da gehéiert et fir eis Gréng och dozou, fir d'berufflech an universitär Perspektiven an der Kultur weider auszubauen an awer virun allem och an der Orientatioun d'Kulturberuffer an hir villfältig Méiglechkeeten net ze vergiessen.

E weidere Punkt, deen ech wëll ervirhiewen, ass d'Tat-saach, dass d'Sensibiliséierung an d'Ausbildung an der Musek awer och zur Stärkung vun de Museksveräiner bäidroen. A sëllegen Uertschafte stellen d'Harmonien, d'Chorallen, d'Fanfare de Kär vum lokale Veräinsliewen duer. Hei begéine sech d'Awunner. Si musizéieren zesummen a bréngen esou och Mënsche vu ganz ënnerschiddlechen Hannergrënn an Hierkonfte beieenen. Mir leeschten also duerch e gutt opgestallte gratis Museksunterrecht och e Bäitrag zum Beräich vum Benevolat a vun engem staarke Veräinsliewen an eisen Uertschaften. An deem Sënn si mer natierlech och gespaant op den État des lieux, deen an dësem Beräich ausgeschafft gëtt.

E ganz wichtegen Aspekt vum Gesetz betrëfft och d'Reform vum Statut vum Personal, dat an de Museksschoule schafft. Esou wäert de Rekrutement vun Enseignanten an de lokalen an an de regionale Museksschoulen an Zukunft um A2-Niveau stattfannen; dee vun de Conservatoires deelweis weider um A1. Mir begrëssen, dass de Minister hei mat de Gewerkschaften en Accord konnt fannen, deen eng Unerkennung vun de Kompetenzen an der Erfahrung vum bestoende Personal erlaabt. Dëst betrëfft aleng fir de Masterofschloss eng 300 Chargéen, dat heescht, hei schwätze mer net nëmme vun e puer Eenzelfäll. D'Vereenheetlechung an d'Revaloriséierung vum Statut vun de Musekschargéen suert fir méi Fairness a setzt e Schlusstréch ënner eng Benodeelung, déi säit mëttlerweil e puer Joerzëngte Bestand hat.

Fir d'Zukunft froe mer eis awer och, ob duerch den Ënnerschied tëscht de lokalen a regionale Musekschoule mam A2-Statut an dem Conservatoire mam A1 net de Risiko besteet, dass hei den Androck vun engem Zwouklassestystem entsteet, an dat notament mat Bléck op déi Coursen an Niveauen, déi op béide Plazen enseignéiert ginn. Hei wäert et an den nächste Jore gëllen, d'Aschreiwungen am A ze behalen an ze kucken, ob sech esou een Trend weist.

Beim d'Thema Rekrutement geet et awer och ëm d'Fro, ob d'Enseignanten ënner CDD oder CDI age-stallt ginn. Hei ass et jo bekanntlecherweis esou, dass et am Beräich vum Enseignement musical eng speziell Derogatioun gëtt, déi et erlaabt, fir CDDen ze enchainéieren. Fir déi Betreffen ass dat natierlech, besonnesch an engem deiere Land wéi Lëtzebuerg, eng äusserst schwieereg Situatioun. Mat Bléck op de Wunnengsmarché ass e CDD e grouss Risiko fir eng méi grouss Prekaritéit a quasi eng Onméiglechkeet,

fir hautzedaags nach kënnen e Prêt ze maachen. Eng schwieereg Situatioun fir jonk Leit an eng Verantwortungs, där sech d'Gemenge musse bewosst sinn.

Wéi ech dëse Sujet, dee mer vu ville jonke Chargéen zougedroe gouf, an de Kommissioun wéi och an eiser gemeinsamer Question parlementaire mam Här Benoy opbruecht hunn, gouf oft op d'Autonomie communale verwisen. An effektiv: Wann d'Gemengen zoustänneg si fir d'Organisatioun vum Museksunterrecht, musse si och am Kontext vum bestoende legale Kader kënnen iwwert d'Konditiounen vum Rekrutement entscheeden. An der Kommissioun huet sech de Minister mat Bléck op d'Gemenge gewënscht, dass d'Enseignante méiglechst ënner CDI sollen agestallt ginn. Iwwerall do, wou dat natierlech méiglech ass. Dat ass en Appell, dee meng Fraktioun nëmme kann ënnerstëtzen an deen ech dofir och nach eng Kéier hei op dëser Plaz wollt ervirbréngen.

Wéi verschidden aner Kolleegen hunn och mir eis Froe par rapport zum Prinzip gestallt, dass de Staat just d'Käschte fir déi Schülerinnen a Schüler iwwerhëlt, déi hiert Joer komplett ofschléissen. Domat musse d'Gemengen d'Käschte fir den Unterrecht vun de Schülerinnen a Schüler iwwerhuelen, déi am Laf vum Joer ophalen. Hei gëllt de Stéchdatum vum 15. November. Bis dohi kënnen Ersatzkandidat/inne vun de Gemenge genannt ginn.

Wéi mir an der Kommissioun erkläert kruten, gëllt et, an dësem Kontext ze bedenken, dass d'Schülerinnen an d'Schüler, fir hiert Joer ze packen, net ze vill Coursen dierfe verpassen. Et gëtt also pedagogesch Grënn, fir de Stéchdatum fir Remplacement net ze wäit an d'Joer eranzeleeën. Mir verstinn dat Argument, mee mir wieren awer frou, wann déi zoustänneg Stellen a Verwaltung beim Staat a bei de Gemengen an den nächste Joren an A géifen drop halen, ob hei praktesch a finanziell Schwieeregkeete fir d'Gemenge kéinten entstoën.

Am Laf vun de Kommissionsaarbechten huet eis Fraktiounscheffin Josée Lorsché de Rapprochement vum Museksunterrecht am Fundamental respektiv de Betreiuungsstrukturen, also dem SEAs-Beräich, thematiséiert. Hei waren 2018 eng ganz Rei Pilotprojeten ugelaft, wou d'Titulairé vun de Klassen an d'Museksproffen zesummen de Museksunterrecht assuréiert hunn. Mëttlerweil sinn dës Projeten op eng méi permanent Basis gestallt ginn. A si goufe säit der leschter Rentrée och op d'Centres de compétences an d'Classes d'accueil ausgeweit.

Als Gréng begrëisse mir dës Projeten, well si déi formal an déi nonformal Bildungsrichtungen méi no zesummebréngen a well si och eng grouss inklusiv Roll kënnen spillen. De leschte Joresrapport vum MENJE lëschet hei eng 15 Gemengen op, déi matmaachen, dozou zwee Kompetenzzentren an dräi Accueilklassen.

Hei wollt ech de Minister froen, ob scho Gespréicher lafen, fir dës Projete weider ze verbreedere respektiv fir Reklamm ze maachen an de Gemengen, fir dës Projeten ze promovéieren a weider auszubauen, an natierlech och, ob d'Informatioun besteet, ob e Finanzement fir esou Pilotprojete vusäit vum Ministère ugebuede gëtt.

E Punkt, dee besonnesch mat Bléck op den nonformale Beräich an d'Betreiuungsstrukturen och nach eng wichteg Roll spillt, ass den Transport. Et ass nämlech esou, dass net all Gemeng eng physisch Proximitéit tëscht de Raimlechkeete vum Enseignement musical an de Schoulen a Betreiuungsstrukturen huet respektiv dass hei net all Gemeng en effikassen Transport bis elo erméigleche konnt. Wéi schued ass et fir d'Kanner, déi weeder vun den Elteren nach vun enger Gemeng kënnen an eng Museksschoul bruecht ginn, obwuel de

Wëlle besteet an obwuel natierlech dee grouse finanziellen Aspekt an déi besoten Entlaaschtung vun dësem Projet de loi bestinn? Wéi schued ass et, dass d'Kanner esou doduerjer keng Chance kéinten hunn, fir vun dëser wichtiger a flotter Offer ze profitéieren?

An ech weess, dass an der Vergaangenheet verschidde Léisungen ugestriift goufen. Mee wéi een awer esou héiert, besteet de Problem weiderhin duerch d'Land. An hei wollt ech den Här Minister froen, wéi eng Mesuren et aktuell oder an Zukunft gëtt, fir dësen Transportproblem – Stéchwuert „Kannerveräinsbus“ – ze evitéieren oder ze léisen.

Fir dass de Projet de loi vun haut richteg ka gräifen, ass et nämlech wichteg, dass d'Kanner an d'Jugendlech iwwerall am Land och effektiv d'Méiglechkeet kréien, fir un deene Coursen deelzehuelen, fir déi si sech interesséieren. De beschte Finanzement an de beschten Enseignant bréngen näischt, wann d'Kand net kann un de Coursen deelzehuelen!

Här President, mir komme mat dësem Gesetz e gutt Stéck weider, fir eng ganzheetlech kulturell Bildung vun eise Kanner a Jonken a fir den Accès zur Kultur méi breet unzibidden. E puer oppe Froe bleiwen eis a mir hoffen, vum Här Minister seng Visioun, fir dës Froen ze léisen, ze héieren.

Ech ginn heimadde elo emol den Accord vun der grénger Fraktioun an ech soen Iech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Mammad Bernard. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup.

**M. Fred Keup (ADR)** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, jo, d'Musek am Lëtzebuurger Land huet ëmmer eng ganz grouss Roll gespillt. A Lëtzebuerg war och ëmmer bekannt als e Land mat ganz ville Leit, déi Musek gemaach hunn, an och, proportional gesinn, ganz ville Gesellschaften, déi Musek gemaach hunn.

Dat huet zu all Fest ëmmer derzou gehéiert, och haut nach. Allerdéngs stellt een awer fest, dass dat am allgemenge Beräich trotzdeem amgaangen ass, ofzehuelen. Vill Museken am Land hu Problemer, Leit ze fannen, respektiv mussen deelweis ophalen oder fusionéieren. D'Situatioun ass also elo net ëmmer esou roseg, wéi se vläicht duergestallt gëtt.

An d'Fro, ob do och méi Schüler an de Museksschoule kënnen hëllefen, dass natierlech eng aner, wéi elo hei am Gesetz behandelt gëtt. Mee dat ass eng Fro, déi ee sech awer ka stellen, well haut och d'Motivatioun net méi esou do ass fir vill Kanner, déi Musek geléiert hunn, fir dat duerno och am Duerf – soen ech elo emol – weiderzemaachen.

De Museksunterrecht ass ganz kloer eppes ganz Wichteges fir eis an och fir d'Gesellschaft, fir eis Kanner. Nieft Kultur, Zesummesinn an einfach der Schéinheet vun der Musek – dat ass hei e puermol ugeschwat ginn – ass de Museksunterrecht awer och vun engem immense Wäert fir d'Kanner, fir d'Schoukanner, well se nieft der Musek selwer eng ganz Partie aner Saachen do léieren.

Musek léieren, dat ass Gehiergymnastik. Et léiert een Disziplin, et léiert ee Fläiss. Natierlech och emotional a sozial Fäegkeeten. An ech mengen, jiddwereen, deen emol Kanner huet, déi am Museksunterrecht sinn, do mierkt een: Déi wëllen och net ëmmer goen, well dat ass ustrengend. Déi wëllen och net ëmmer d'Hausaufgabe maachen, well dat ass ustrengend.

Et ass also eppes, en Hobby, deen net geschenkt ass, deen engem duerno ganz vill bréngt, mee wou een

awer och als Elteren – an, ech mengen, do ass dann och d'Gesellschaft eebe gefuerdert – muss derhannert bleiwen, dass d'Kanner dat maachen. Ech géif mer wënschen, dass ganz vill Kanner dat géife maachen an – firwat net? – alleguer d'Kanner géifen an esou e Museksunterrecht goen.

Dass d'Schüler elo am ganze Land méi e bëlegen oder gratis Zougang kréien zum Museksunterrecht, ass natierlech an deem Sënn emol ze begrëssen. Allerdéngs – ech wëll awer e bëssen nuancéieren – war de Präis a ville Gemengen och elo schonns ganz niddreg. Wann ee seet: 60 Euro, 100 Euro d'Joer – dat ass wierklech, mengen ech, awer och keng Hürd gewiescht. D'autant plus, dass et jo awer och do nach d'Méiglechkeet gëtt, fir iergendwéi déi Suen nach vläicht erëmestatt ze kréien. Mir leie bei deene Montanten och dättelech méi niddreg wéi bei ville Sportsveräiner, wou haut och beim Fussball, beim Basket dann emol iwwer 200 Euro musse fir d'Memberskaart fir ee Joer bezuelt ginn.

Bon, mir begrëssen also, dass dat fir déi meescht Kanner dann an der Theorie méi abordabel gëtt, allerdéngs froe mer eis, ob doduerch wierklech méi Kanner wäerten deelzehuelen. D'Zuele wäerten eis dat weisen. Mee dass een elo hei schwätzt, bei dësem Gesetz, vun engem grouse Schratt an eng Zukunft, an där dann all d'Kanner do an dee Museksunterrecht ginn an esou weider an esou fort, dat, mengen ech, kann een awer e bësse méi skeptesch gesinn. Ech ka mer net virstellen, dass elo – mee dat ass Spekulation – vill méi Kanner wäerten deemnächst an de Museksunterrecht goen, well de Präis sech ännert respektiv well et gratis gëtt.

Deen anere Problem, deen ugeschwat ginn ass, dat ass natierlech och déi Fro, wou ech och net richteg also verstinn, firwat et esou ass: De Subsid vum Staat fir d'Gemeng gëtt nei gereegelt an déi Bestimmung leet fest, dass de Staat d'Gemenge just am Hëllef op déi Schüler ënnerstëtzt, déi hiert Joer fäerdeg maachen. Hei ginn iergendwéi also d'Gemenge bestrooft, wa Schüler op eemol d'Fleem hunn, eppes, wat awer och riskéiert, doduerch, dass den Unterrecht gratis gëtt, méi oft virzekommen. Do kann ee sech da froen: Firwat ass dat wierklech elo gutt?

Dann dee véierte Punkt, an dat ass dann och eppes, wat elo vläicht haut e bëssen ze kuerz komm ass: Dat sinn och déi Kritike vun der Staatsbeamtummer. Do geet et ëm d'Qualitéit vum Personal. Ech mengen, fir kënnen de Kanner Musek bäizebréngen, geet et an Zukunft duer, wann een en Diplôme du 1<sup>er</sup> Prix luxembourgeois huet. De Projet de loi gesäit souguer vir, dass een ënner Ëmstänn onni dësen Diplom, an zwar just mat engem speziellen Zertifikat, dee vun der Commission de classement ënnerschriwwen gëtt, Musek ënnerriichte kann. Dat ass eiser Meinung no awer och ze wéineg. Fir ze verhënnern, dass d'Qualitéit vum Museksunterrecht an Zukunft ofhëlt, muss séchergestallt sinn, dass d'Kandidaten den Diplôme supérieur hunn.

D'Staatsbeamtummer huet an deem Kontext souguer geschwat vun enger lächerlecher Situatioun, vu „ridicule“. A Qualitéit ass wichteg, well och déi Kanner, déi an deem Museksunterrecht sinn ... Wéi ech virdru gesot hunn: Do gëtt jo Fläiss an Disziplin geléiert. Dat soll jo awer, wann ech richteg verstanen hunn, och bäibehale ginn. Dat soll jo duerno net e Cours ginn, an deen een einfach geet, wéi een zum Beispill elo a Fräizäit-Nomëttesaktivitéit geet. Dat soll jo awer eppes sinn, wou een och eppes léiert an eppes leescht!

Gutt. Et kann een dann nëmmen d'Leit motivéieren, ee groussen Deel vun hirer Fräizäit mat Musek ze verbréngen, mat Üben a Prouwen, an, ganz wichteg ass eeben, dass se begleet gi vu guddem Personal.

Zum Schluss: Bon, hei an deem Projet sinn eng ganz Partie ganz interessant Saachen, bei deene mer och soen: „Déi si gutt“, mee do weess een net, ob dat wierklech déi gewënschten Auswierkung wäert hunn. Op där anerer Säit hu mer awer och hei Saachen, déi mer beanstanden, vun deene mer net ganz iwwerzeegt sinn. Dofir hu mer decidéiert, dass mer eis bei dësem Projet wäerten enthalten.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Keup. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Mammad Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Merci Här President. Här President, dem Rapporteur als Alleréisch emol villmools merci fir säin exzellente mëndleche wéi och schrëftleche Rapport.

Virewech geholl, déi Lénk wäerten dëse Projet de loi matstëmmen. Dëse fäerdeg Text ass schlussendlech jo och am Accord mat de Recommandatiounen vun den Avisen, déi jo all am Allgemenge positiv sinn, geholl ginn. Et gouf keen negativen Avis, ausser déi Opposition-formelléi wéinst Formalitéiten vum Staatsrot, déi awer och am zweeten Avis behuewe goufen. Och d'Gemenge si mat an dëse Projet de loi agebonne ginn, wat jo och net méi wéi normal ass, well si sinn déi, déi dat Ganz ëmsetzen an et och um Lafé mussen halen. Si kréien heimat och e Méi u Personalkäschte rembourséiert wéi virdrun.

D'Revaloriséierung vun de Karriäre vun de Chargéen, déi de Gros vun den Enseignanten am Enseignement musical ausmaachen, ass an dësem Projet de loi virgedriwwen ginn. Dës Revaloriséierung – sprécht: Anerkennung – vun den Diplomer vun de Chargéen, déi hinnen Zougang zu enger A1- oder A2-Karriär kënnen ginn, gëllt awer just fir de Beräich vum Enseignement musical, wat jo bei deem heite Gesetz normal ass.

Dofir wëll ech awer eng ganz kleng Klammer opmaachen: Am Fondamental an am Secondaire gehéieren d'Chargéen nach ëmmer zu der zweeter Klass Muppi vum Enseignantspersonal. Nach ëmmer hu si bei gläicher Aarbecht a gläichem Diplom net déi selwecht Aarbechtskonditiounen an net déi selwecht Paien. Am Secondaire hale Chargéen deels een Drëttel méi Coursé wéi fonctionariséiert Enseignanten. Si schaffe ganz einfach méi Stonne fir manner Pai. Hir Altersdechargen existéieren um Pabeier, mee net an der Praxis, well se einfach méi Stonne musse maachen. Nach ëmmer gëtt et kee Gesetz, fir déi geplangte Fonctionarisierung vun de Chargéen och endlich kënnen ëmzesetzen. Eng gutt Partie Chargéé kéint och scho fonctionariséiert ginn, well si schonn op d'mannst 15 Joer fir de Staat geschafft hunn. Et handelt sech hei ëm 365 Leit am Secondaire an 29 aus der Berufsausbildung. D'Antwort op eng Question parlementaire: Eréisch 13 vun deene Chargéé sinn ewell fonctionariséiert ginn. Et gëtt also nach e bëssen ze dinn.

An et ass net esou, wéi wann dat heite Gesetz, dat mir natierlech ënnerstëtzen, wéi jo schonn am Ufank ugekënnegt, net och scho méi laang hätt kënnen realiséiert ginn. Banbriechend ass et also och net. Et ass just normal, dass den Enseignant musical, dee während der sanitärer Kris suspendéiert ginn ass, elo déi Ënnerstëtzung kritt, déi néideg war fir seng Weiderentwécklung, gradewéi d'Enseignanten an deem Beräich elo d'Méiglechkeet kréien, hirer Formatioun no gerecht bezuelt ze ginn. Dofir kënnen mir dat Gesetz do mat rouegem Gewësse matstëmmen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Mammad Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner



ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, spéitstens no – mee u sech hätt et och scho virdru misse sinn – deem dach desastreüse Rapport vun der Cour des comptes stoung fest, datt kee Wee ëm eng Reform vum Museksgesetz géif féieren. Dat huet och kee bestridden, weeder opsäite vun der Majoritéit nach vun der Oppositoun. Mir hatten zwar e Gesetz, mee d'Reglementer, déi eigentlech d'Ausféierung vum Gesetz reegele sollten, hunn entweder gefeelt oder dem Gesetzestext direkt emol widersprochen. Mir hate Ministèren, déi Aufgaben iwwerholl hatten, déi hinne guer net zoustoungen, a Kommissiounen, déi sech säit Joren net méi getrafft hatten oder geschafft hunn, wat awer um Terrain manifestement och kee wirklech gestéiert hätt, wa mer mol éierlech sinn.

A jo, an da gouf et nach deem ominéisen Excelstablo vu 25.000 Zeilen, op deem déi ganz Finanzéierung gefoussst huet, et muss ee soen, op ganz wackelege Féiss, well et ass eng eenzeg Persoun, déi deem Tablo manuell beschafft huet. Wa se am Krankeschäi war oder am Congé, ass et net weidergaangen. An een aneren anzeschaffen an deem Tablo, wär warscheinlech quasi onméiglech gewiescht, well absolutt näischt automatiséiert war.

Eppes war also kloer: Et ka mat enger Reform nëmme besser ginn. A mir brauchen endlech eng propper Gesetzeslag, fir d'Zoustännegkeete vun de Ministèren, d'Berechnung vun der staatlecher Finanzéierung an den Asaz vun digitalen Outilen ze klären. D'Férdere vu Kompetenzen an de Beräicher vun der Musek, dem Tanz an dem Theater an de Gemengen ass eng Aufgabe, déi un der Schnëttstell tëscht Kultur, Bildung an duerch d'Responsabilitéit vun de Gemengen och dem Interieursminister ënnerläit. Well et awer schwéier ass, d'Responsabilitéit nozevollzéien, wa vill Acteuren involvéiert sinn, begréisste mer et, datt mat dësem Text entscheet gouf, d'Attributiounen tëscht dem Bildungs- a Banneministère opzedeelen an hei kloer festzeleeën, wie sech ëm wéi eng Voleten ze këmmere huet.

Dat wäert hoffentlech zu engem System féieren, dee méi iwwersiichtlech ass a wou jidderee weess, wat en ze maachen, awer och ze loossen huet.

Selbstverständlech freeën ech mech och, datt mat dësem Text d'Digitaliséierung hire Wee an d'Berechnung vun der Finanzéierung fir d'Museksschoule fanne soll. Bon, elo kann ee soen, en Excel, dat wier schonn Digitaliséierung, mee si mer éierlech: Et kann nëmme besser ginn!

Als Deputéierte vun enger Partei, fir déi d'Digitaliséierung jo awer e Kärtheema ass, kënnst Du Iech virstellen, dass ech net schlecht gestaunt hat, wéi ech de Rapport vun der Cour des comptes deemools gesinn hat, an deem drastoung, datt dat manuell, op der Hand gemaach gëtt. Jo, quasi hätt een et och nach kennen um Pabeier maachen, esou komplex war et. D'Feelerüfüllegkeet bei de Berechnungen war natierlech immens grouss, a guer net ze schwätze vum Zäitopwand!

An Zukunft kéint een déi digital Outilen awer vläicht och nach ausbauen, dat hei ass en éischte Schrëtt, mee de Schoulen och de System ubidden, deem et hinnen erlaabt, d'Zensuren, d'Diplomer vun de Schülerinnen a Schüler direkt an digitaler Form auszustellen, jo, firwat net och an digitaler Form ze halen, soudatt d'Schülerinnen an d'Schüler et och nach Jore méi spët kennen iwwer hire Portail op myguichet.lu zum Beispill recuperéieren.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, loosst mech dann awer op déi ganz grouss a wichteg Ännerung vun dësem Gesetz ze schwätze kommen:

d'Gratuitéit vun de Coursé fir d'Kanner. Dëst ass e wichtege Schrëtt a Richtung Chancëgläichheet an dofir kritt dës Mesure och eis voll Ënnerstëtzung. Onofhängeg vun der finanzieller Situatioun vun den Eltere sollt all Kand d'Méiglechkeet kréien, en Instrument ze léieren oder Danzcoursen ze huelen, wann et dat wënscht.

D'Ofschafe vum Minerval ass hei en éischten, mee e wichtege Schrëtt, dee mir wéi gesot och voll a ganz Ënnerstëtzen. Trotzdeem bleiwen um Niveau vun der Chancëgläichheet am Enseignement musical awer dach nach eng Rei Punkten op. Et geet schliisslech net duer, sech just an enger Museksschoul anzeschreiwen. Well just duerch d'Aschreiwung léiert een nach keen Instrument. Et muss een och dat Instrument hunn, fir kënnen drop ze spillen. Verschidde Museksschoulen an och Veräiner – an déi soll een och luewenswäert ernimmen – verlounen Instrumenter u Familljen, déi entweder net genuch Suen hunn, fir se ze kafen, oder déi sech dat virum Kaf vun esou engem deieren Instrument awer vläicht eng Zäitche iwwerleeën sollten, ob deem neien Hobby da wirklech dat ass, wat een och eng Zäitche wäert maachen.

Also ech war als Kand net onbedéngt deem, deem dofir bekannt war, fir beim éischten Hobby, deem en ausgewielt huet, laang ze bleiwen. An ech mengen, datt et eng ganz Rëtsch Kanner an och eng ganz Rëtsch Deputéierter heibanne gëtt, bei deenen et d'nämmlecht war, déi mat engem Hobby ugefaangen hunn, en anere probéiert hunn a bei engem Drëtze vläicht hänke bliwwen sinn.

Hei gëtt et awer leider dann och grouss Ënnerscheeder. A jo, den Här Kersch laacht, well bei mir war et net d'Musek, ginn ech ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir hätt besser gehat, an d'Turnen ze wiesselen.

(Hilarité)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Turnen hunn ech ni probéiert, Här Kersch, dat iwwerloossen ech Iech. Nee, ech mengen, dat war en Educationminister vun der CSV, dee sech eng Kéier beim Turnen dach béis wéigedoen hat, wéi e gemengt hat, bei der Foire de l'étudiant d'Kopplabunz ze schloen, an duerno, mengen ech, ...

(Interruptions)

... e puer Woche mat enger Schëller geplot war. Ech si scho bei deem bliwwen, wat ech konnt. Ech hu mam Fussball ugefaangen, duerno Basket gespillt a beim Volleyball sinn ech dann hänke bliwwen. A bei der Musek leader net, obwuel et mer ganz vill Spaass gemaach huet, mee vun Produzéiere vu waarmen Loft beim Léiere vun engem Blossinstrument sinn ech dann an d'Politik komm. Elo kéint ee bal soen: Dat ass net wäit auserneen.

Hei gëtt et, an ech kommen zrëck bei d'Theema, well ech losse mech net stéieren, Här President, awer grouss Ënnerscheeder tëscht de Gemengen an der Offer, déi an de jeeweilege Gemengen ass, an och bei den Instrumenter. Eng Trompett kritt ee meeschtens relativ gönschteg, voire gratis ze léinen, während et bei engem Cello, enger Harf oder engem Piano awer dach scho ganz anescht ausgesäit. Eng wirklech Chancëgläichheet hu mer also net. Mir müssen also hei dru schaffen, datt d'finanziell Situatioun vun den Elteren net den Accès zum Instrument dierf beaflossen, well soss müssen d'Kanner dat léieren, wat eebe grad an der Museksschoul disponibel ass oder wat d'Duerfmusek grad brauch. Esou war et mir gaangen: Dofir war ech bei der Trombonn gelant, wat net meng éischt grouss Léift war.

Et wär also e wichtege Schrëtt, fir zum Beispill en nationale Pool un Instrumenter ze schafen, wou d'Elteren an eeben och d'Kanner, déi dat da léiere wëllen, sech kéinten aschreiwen, fir esou eng richtig Chancëgläichheet ze schafen. Jiddereen, ob en an enger Gemeng mat enger lokaler regionaler Museksschoul oder eventuell souguer engem Conservatoire lieft, huet jo och Zougrëff op verschidde Coursen. E muss eeben dann och den Zougrëff op déi verschidden Instrumenter kréien.

Mee nieft deem kommen dann och d'Proffen a virun allem déi ënnerschiddlech diploméiert Proffen zum Asaz. An dat Theema gouf haut schonn ugeschwat, well während am Conservatoire eng Mindestunzuel u Stonne muss vu Persounen mat Bac+5 gehale ginn, ass dat fir d'Museksschoul jo net de Fall. Elo verstinn ech, datt nëmme Museksproffe mat engem Bac+5 ze rekrutéieren warscheinlech dozou féiere géif, datt kee Musekskurs méi gehale géif ginn oder vill manner wéi dat, wat mer haut kennen an deenen ënnerschiddlechen, virun allem lokale Museksschoulen. Mee datt mer awer déi Ausnamen, déi am Gesetz virgesi sinn, ëmmer méi zur Reegel maachen, dat deet mer dann awer e bëssen déck.

Mir gesinn, datt et u sech iwwerall, ob an de Museksschoulen, am Fondamental oder am Secondaire, ëmmer méi Usus gëtt, datt d'Chargéen u sech déi Lächer stoppen, wou u sech diploméiert Enseignante gefuerdert wäeren. Se sinn eeben déi méi käschtegëschteg a méi flexibel Alternativ, mee mir brauchen Optiounen. Mir musse fest ugestallt Personal schafen, an zwar och dären mat deenen néidegen Diplomer. Mir müssen incitéieren, datt déi Diplomer dann och gemaach ginn, well: ET ass e fairen Émgang, wann déi Leit, déi déi nammlecht Aarbecht maachen, och d'nammlecht bezuelt ginn.

Wat nammlech net geschéien dierf, ass, datt Leit, déi déi selwecht a genee déi selwecht Aarbecht maachen, awer ënnerschiddlech bezuelt ginn, well se en aneren Titel hunn. An ech mengen, do si mer eis eens, an ech mengen, datt do och de Ministère u sech ganz op eiser Linn läit, fir ze soen: Mir wëllen diploméiert Personal. An ech hoffen, datt mer genuch diploméiert Personal fannen an dann och kënnen rekrutéieren.

An dann dee leschte Punkt – an da kommen ech zum Schluss, Här President – ass déi lescht Inconnu, déi, mengen ech, d'Gemengebudgeten nach wäert belaauchten oder zumindest wou sech ëmmer eng Fro gestallt gouf. Dat war och scho vun der Cour des comptes opgeworf ginn, an hei dann awer och erëm. Dat ass nammlech de Fait, datt de Staat jo just d'Aiden ausschëtt fir d'Kanner, déi hiert Joer fäerdeg maachen, während d'Käschte vun de Salairen awer weiderlafen, an zwar, ob dann dee Schüler oder déi Schülerin de Cours mécht oder net. Do müssen d'Gemengen, grad bei de lokale Museksschoulen, jo dofir suergen, datt déi Salaires do sinn. An do mengen ech, musse mer vläicht nach eng Kéier kucken, wat do den Impakt ass. An dofir wäerte mer och d'Motioun vun der CSV matënnerstëtzen, wou et eeben drëm geet, eng Evaluatioun ze maachen. Ech mengen, zwee Joer sinn do eng richtig Period, fir sech bewusst ze ginn, wat den Impakt vun där Mesure ass. Belaascht dat wirklech d'Gemengebudgeten oder ass dat méi e Stueram am Waasserglas? Ouni Zuele kann een dat net feststellen. An dofir mengen ech, ass eng Evaluatioun ganz sënnvoll.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Minister fir Educatioun, Jugend a Kanner, zoustänneg fir de Museksunterricht, den Här Claude Meisch.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Merci och dem Claude Lamberty fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Merci och fir déi breet Harmonie bei dësem Sujet, wou mer allegueren d'Bedeutung, d'Wichtigkeet vun der Musek ënnerstrach hunn.

Dëst Gesetz ass sécherlech e Paradigmewiessel nach emol. Wa mer hei de groussen Deel vun de Coursen, virun allem fir Kanner a Jonker, gratis ubidden, déi éischt siwe Joer vum Museksunterricht gratis ugebueden gi fir jiddereen, deen a jonke Jore wëllt Musek léieren oder wëllt Danz léieren oder wëllt Theater léieren, alles dat, denken ech, fanne mer a kengem anere Land ewéi hei zu Lëtzebuerg. Ech kann Iech soen, datt ech an deene fräie Momenter, déi ech déi lescht puer Wochen hat, vill gegoogelt hunn doruechter, fir en anert Land ze fannen. Et gëtt keent. Et ass mer op jidde Fall keent esou opgefall.

An ech mengen, datt een duerfir zu Recht hei ka soen: Mir maachen hei e ganz grouss Schratt, deen net nëmmen e symbolesche Schratt ass, e symbolesche Schratt och dowéinst, well mer nach eng Kéier ganz kloer de Stellwäert vun der Musek ënnersträichen, de Stellwäert vun der Musek an eiser Gesellschaft, awer och d'Bedeutung vu wichtige Traditione vum eise kulturelle Patrimoine, dee mer un eng nei Generatioun, déi eropwiisst, wëlle weiderginn, de Stellwäert vun der Musek awer och am Sënn, datt d'Musek Leit zesummebréngt. Et feiert een zesummen. Et ass ee bei Musek och emol traureg zesummen. Et verléift ee sech bei Musek. De Claude Lamberty huet vun der Filmmusek geschwat, déi eigentlech Musek an de Film bréngt souwéi Musek an d'Liewe bréngt. Ouni Musek wär de Film dach, wéi wann e schwaarz-wäiss wär. An d'Liewen ouni Musek wär och e Liewen, wéi wann et schwaarz wäiss wär. Duerfir mengen ech, maache mer hei ganz, ganz viles, fir datt d'Liewe vun de Kanner an deene Jonken a vu jidderengem eigentlech e Stéck wäit méi faarweg ka ginn, well et mat Musek ass.

Mer wëssen – bal jiddereen, deen elo hei an där leschter Stonn intervenéiert huet, huet dorop higewisen –, datt Musek och Perséinlechkeete bilt, Perséinlechkeete stäerkt an datt se d'kognitiv Entwécklung vu Kanner a vu Jonken ënnerstëtzt, datt e gudd Museksunterricht déi sozial Kompetenze vu Kanner a vu Jonken, ënnerstëtzt, well Musek mécht een zesummen. An et muss ee léieren, sech och do op deen aneren anzeleessen, sech op deen aneren och kënne ze verloossen. Musek ënnerstëtzt déi emotional Kompetenze vun de Kanner an deene Jonken, well viles, wat ee vläicht mat Wierder, an dat ass och hei vum Simone Asselborn gesot ginn an engem flotten Zitat vum Victor Hugo, mengen ech ... Musek ënnerstëtzt eeben och déi emotional Kompetenze vun de Kanner, well viles, wat ee mat Wierder net kann ausdrécken, kann een dach mat Musek ganz gutt vermëttelen. Musek ënnerstëtzt d'Kreativitéit vun de Kanner an deene Jonken.

A wann ech dat doten emol nëmmen alles kucken – déi kognitiv Kompetenzen, déi sozial Kompetenzen, déi emotional Kompetenzen, d'Kreativitéit –, dann ass et eigentlech alles dat, wat mer eis géife wënschen, datt Kanner a Jonker op hirem Wee eran an d'21. Joerhonert géife mat op de Wee kréien. An duerfir ass et wichtig an duerfir ass et eigentlech a mengen Aen nëmmen normal, datt dee Museksunterricht do och gratis ass, fräi zougänglech fir all Kand a fir all Jonken hei am Land, well et einfach och e Stéck ass vun den Zukunftschancë fir jiddereen an domadder och haut e feste Pilier an eiser Bildungslandschaft hei zu Lëtzebuerg ass.

Deen zweeten, ganz wichtige Punkt vun dësem Gesetz, dat ass, datt mer d'Träger vum Museksunterricht, nämlech d'Gemengen, ganz aneschtens ënnerstëtzen, well mir kréie kee gudd Museksunterricht assuréiert an allen Ecker vun eisem Land, wann net d'Gemenge sech mat engagéieren. A wa mer déi Entwécklung haten – op déi d'Octavie Modert zu Recht higewisen huet – zanter dem Gesetz vun 1998, déi positiv war, déi sécherlech eng quantitativ a qualitativ Verbesserung war zu där Welt vu virun, dann ass dat de Meritt vun deem gesetzleche Kader, mee et ass sécherlech och de Meritt vun dem Engagement vu ganz ville Gemengen, déi sech am Museksunterricht engagéiert hunn, déi – an dozou komme mer jo nach – net gekuckt hunn, wat elo de Staat a wat eigentlech d'Gemengen do müssen aus hirem Budget bäileeden, mee et gemaach hu fir hir Bierger, fir déi Jonk an och déi Erwuessen aus hirem Gemeng.

Duerfir war et mir och hei wichtig, datt mer kucken, d'Gemengen esou opzestellen, datt se déi Entwécklung, déi de Museksunterricht duerch dësen neie gesetzleche Kader wäert kréien, och iwwert déi nächst zéng an zwanzeg Joer kënne matbegleeden, jo, net nëmme begleeden, mee e carrement droen, well ouni si wäert et net goen.

Déi staatlech Participatioun, déi mer opgrond vun dësem neie Gesetz dann och wäerten an Zukunft un d'Gemenge verséieren, ass dann och daitlech eropgaangen. Iwwer 50 % wäerte vum Staat aus méi bäigeluucht ginn un d'Gemengen. Wa mer elo emol einfach e Modelljoer huelen, wéi 2021, dann huet de Staat do 18 Milliounen bäigeluucht. A wa mer dat ausrechnen op Basis vun deenen neien Dispositiounen, géife mer 28 Milliounen bäileeden. An ech denken, datt dat nach eng Kéier ënnersträicht, a wat fir engem Mooss mer hei de Gemengen entgéintkommen, natierlech och, fir déi Gratuitéit, déi en Ausfall u Recettë fir d'Gemengen duerstellt, kënnen ze kompenséieren, natierlech och, fir d'Adaptatioun vun de Karriäre kënnen ze kompenséieren, mee virun allem awer och nach eng Kéier, fir de Gemengen ze soen, datt se do net aleng gelooss ginn an datt mer als Staat net nëmmen e Kader setzen, mee eis Responsabilitéit ganz kloer matiwuerhuelen.

Dat Zweet ass net nëmmen de Montant vun där finanzieller Ënnerstëtzung, mee dat, wat, mengen ech, fir d'Gemengen op d'mannst gradesou wichtig ass: Dat ass d'Previsibilitéit, datt ee gesäit, wat een eebe kritt. Mir haten e System, an dat ass jo scho virun e puer Joer mam Rapport spécial vun der Cour des comptes ganz besonnesch ënnerstrach ginn, an deem et zu absurde Situatiounen konnt kommen, datt, wann niewendrun eng Gemeng eng nei Museksschoul opgemaach huet, datt bedéit huet, datt déi aner Gemengen, obscho se net méi Schüler haten, net manner Schüler hate wéi virun, eigentlech manner vum Staat bäigeluucht kritt hunn, well de Gesamtmontant plafonéiert war.

An dat, denken ech, ass eng Absurditéit, wou et héich Zäit war, datt mer se mat dësem Gesetz ofgeschaaft hunn. An duerfir sinn ech frou, datt mer wierklech hei op deen dote Wee kënne goen. Mir hunn dat enk mam Syvicol och diskutéiert an ech denken, datt mer do de Gemengen op ganz, ganz ville Punkte konnten entgéintkommen, bis op déi puer, déi och vläicht de Mëtten hei nach emol ugeschnidde goufen.

D'Gemeng weess haut, wa se eng Schouloorganisatioun stëmmt, wat den Engagement, de finanziellen Engagement, vun der Gemeng ass, a se weess och, wat den Apport vum Staat do wäert sinn. An deene Jore virun, bis haut eigentlech, wat dat ëmmer e bëssen eng Virwëtztaut, wou een dann am Nachhinein, wann d'Budgetsjoer scho laang ofgeschloss war, gesot kritt huet: „Du kriss dat doten nach fir den Exercice virdu vum Staat.“ Dat ass déi Manéier, wéi ech eigentlech

de Museksunterricht net méi wollt fonctionéieren dinn, an duerfir sinn ech wierklech frou, datt mer op dëse Wee hei konnte goen.

Jo, et gëtt déi Diskussioun – déi hu mer och mam Syvicol gefouert – iwwert den Delai, bis wéini ee sech dann nach kann aschreiwen a wou dann duerno nach eng Inscriptioun méiglech ass, mee déi staatlech Participatioun net dorobber gerechent gëtt. Dat ass wouer. Ech wëll awer just drun erënneren, datt dat e minimalen Deel ausmécht par rapport zu deem grouss Risiko, deen d'Gemenge virdu gedroen hunn, wou se komplett am Niwwel waren an eigentlech net woussten, wat se dann iwwerhaapt u staatlecher Participatioun géife kréien, an datt déi sougenannten „Abandonen“ ni matconsideréiert goufe bei där doter Berechnung.

An ech verstinn, datt d'Gemenge soen: „Mir brauchen natierlech och eng Sécherheet, eng Planungssécherheet“, an déi hu mer hei eigentlech geschafen. Jo, de Staat brauch déi awer och op senger Säit. An e muss natierlech och wëssen, wat en a säi Budget schreift. Ech muss wëssen, wat ech Enn des Joers – an da si mer dann awer ronderëm d'Rentree vun engem Schouljoer, nämlech de 15. September – dem Finanzminister da soen, wat fir dat Budgetsjoer drop muss an de staatleche Budget kommen, an duerfir kënne mer dat net einfach esou lafe loossen. Duerfir brauche mer och do iergendzwoosch eng Planungssécherheet op der Säit vum Staat.

Déi eng oder déi aner Aspekter, déi wichtig sinn, sinn de Mëtten an der Debatt ugefouert ginn. Ech denken och un d'Aarbechtskonditiounen vun den Enseignanten. Jo, ech verstinn – an ech war selwer responsabel als Gemegepolitiker fir eng Museksschoul –, datt net jiddereen direkt e CDI ka kréien. Ech verstinn d'Gemengeresponsabel, wa se soen: „Ech brauch do eng Garantie, datt ech déi Leit nach weider ka beschäftegen. Ech kann net direkt, well elo eeben en Enseignant vläicht méi gebraucht gëtt an deem doten Instrument, deem direkt en Engagement gi fir déi nächst Joren a Joerzéngten.“ Do muss ee kucken, ob dat och déi Joren drop esou de Fall ass.

Ech verstinn awer natierlech op där anerer Säit och d'Situatioun vun deene Beschäftegten, an datt ee gutt Personal och nëmme mat enger gudder Bezuelung – an dozou komme mer jo nach –, mee awer och mat gudde Aarbechtskonditiounen kann halen a fideliséieren an domat e gudden Service an e qualitativ héichwäertegen Unterricht ka garantéieren. Dat ass och kloer. Ech wëll awer just soen: Et sinn d'Gemengen, déi d'Aarbechtskonditiounen do diskutéieren an diktéieren an och virginn, an dann och decidéieren, ob et dann direkt e CDI gëtt oder vläicht fir allerléischt emol e CDD.

Ech si frou, datt mer hei eng breet Zoustëmmung eigentlech bei allen Acteuren fonnt hunn iwwert déi grouss Linne vun deem neie Gesetz. Ech mengen, dat läit och dorunner, datt mer et laang diskutéiert hunn. Schonn Enn der leschter Legislaturperiod huet de Kulturstaatssekretär Guy Arendt Assisen iwwert de Museksunterricht organiséiert, wou eng ganz Rei vu Problemer schonn opgeworf goufe respektiv Léisungsvirschléi och scho mat op de Wee gaange sinn.

Mir hunn dann an dëser Legislaturperiod och do iwwerholl. Ech hunn e Comité de réflexion vun allen Acteuren aus dem Gemegeberäich, vun de Musekschoulen, vun de Conservatoiren an och vun aneren Acteuren och associéiert, fir och do ze gesinn, wat déi eenzel Acteuren aus hirem Siichtweis dann eigentlech vun engem neie Museksunterrichtsgesetz géifen erwaarden. Ech selwer sinn op vill Plaze kucke gaangen, an d'Conservatoiren an an d'Museksschoule queesch uechtert d'Land, fir mer och do e Bild ze maachen. Ech hunn do mat den Direktiounen geschwat, mat de



Gemengeresponsabele geschwat, mat den Enseignante geschwat, awer och mat de Schüler oder den Eltere vun de Schüler geschwat, fir mer e Bild ze maachen, wat eigentlech an den nächste Jore vu Museksunterricht misst weiterdeveloppéiert ginn. A mir haten och en enken Austausch mam Syvicol, wou och eng ganz Rei vun, mengen ech, net onweesentleche Punkte jo duerno nach eng Kéier geännert goufen, wou mer openeen duergaange sinn.

E Punkt, wou mer och op d'Interlocuteurs – an ech denken, nieft de Gemenge mat déi wichtegst – duergaange sinn, dat sinn d'Enseignanten, déi hei representéiert sinn duerch eng Rei vu Gewerkschaften oder Associatiounen. Do hu mer eis eens gemaach, d'Innenministesch Taina Bofferding an ech, zesumme mat der ACEN (ndlr: Association des chargés de l'enseignement national) an der FGFC (ndlr: Fédération générale de la fonction communale), fir eeben och eng Opwärtung, eng substanziiell Opwärtung vun de Karriäre vun de Museksenseignanten ze kréien. Hei schwätze mer elo vun A2 an A1. Mir musse vläicht och nach eng Kéier erënneren, datt dat, wat mer elo als A2 bezeichnen, besser bezuelt ass wéi dat, wat virdrun an deem speziellen A1, an där spezieller A1-Karriär, déi fir de Museksunterricht ganz speziell fixéiert gouf, gegollt huet, soudatt et hei wierklech fir jiddereen zu enger dättelech besserer Situatioun kënn, wéi dat bis elo de Fall war.

Et ass och virdru jo schonn ugeschwat ginn, datt mer eigentlech déi Opwärtung wollten an deem Gesetz maachen an de Staatsrot zu Recht drop higewisen huet, datt dat net geet, an d'Kolleege Taina Bofferding un engem Projet de loi schafft, deen nach virum Summer soll deposéiert ginn. An den Effet ass jo och am Gesetzestext festgeschriwwen oder wäert am Gesetzestext festgeschriwwen sinn, nämlech den 1. Januar 2023, esou wéi et an deem Accord och ofgemaach war. Dat ass wichteg, well e gudd Museksunterricht kréie mer nëmme mat guddem Personal, dat mer och gutt bezuelen an a Fonctioun vu sengen Diplomer a senge Leeschtunge wäerten an Zukunft kënne bezuelen. Doriwwer sinn ech och ganz besonnesch frou.

Dann ass d'Fro opgeworf ginn: „Jo, wie kritt dann elo en A1 an en A2? Féiert dat dann awer elo net zu enger Distorsioun vun der Qualitéit?“ Do wëll ech awer och drop opmierksam maachen, datt heiansdo esou Vergläicher gutt sinn, mee mer se dann awer och solle komplett maachen. Mir hunn an eisen École-fondamentale Leit, déi mer an der Reegel nom A2 bezuelen, déi och e Bachelor gemaach hunn. Mir hunn am Lycée Leit, déi mer an der Reegel nom A1 bezuelen. Hei soe mer dann: D'Reegel ass, datt een och dann e Bachelor soll hunn am Enseignement musical, fir do eng A2-Karriär kënne ze huelen. A wann ech méi wäit ginn am Conservatoire, muss de Conservatoire awer och Posten opmaachen – op d'mannst een Drëttel vu senge Posten –, fir am A1 kënne Professer ze ginn am Museksunterricht. An dat schéngt mer e gudd Parallelismus ze si par rapport zu deem, wat mer an der öffentlecher Schoul hunn.

Et wär scho gelungen, muss ech soen, wa mer d'Kanner moies an d'Schoul géife schécken, an d'Grondschoul, an do wär den Enseignant nom A2 bezuelt, a mëttes géife se fräiwëllig an de Museksunterricht goen an do wär d'Reegel, datt d'Enseignanten nom A1 bezuelt wäeren. Dat, denken ech, wär dann awer och vläicht däers Gudden iergendwéi e bëssen ze vill, nieft dem Aspekt, datt mer vläicht och guer net genuch Leit mat deenen entsprecheenden Diplomer fir déi Karriären do géife fannen.

Mir hu jo och parallel eng ganz Rei vun aneren Initiativen geholl, déi net am Gesetz hei optauchen, well se einfach net zum Gesetz gehéieren, mee déi awer zu engem ganze Package vu Reformen am Enseignement

musical zielen, ënner anerem och dee Bachelor, deen d'Uni.lu zesumme mat deenen dräi Conservatoiren op de Wee bruecht huet, wou an deem akademesche Joer scho siwe Studentinnen a Studenten ageschriwwen sinn. Mer hoffen natierlech, datt dat der nach e Grapp méi wäerte ginn iwwert déi nächst Joren, well mer och eis Eegeresponsabilitéit als Land mussen iwwerhuelen. Wa mer e Secteur wéi den Enseignement musical wëlle weiterdeveloppéieren, da musse mer och an d'Ausbildung vun deem Professionelle vun deem Secteur investéieren. Dat ass meng Devise. An duerfir sinn ech frou, datt d'Uni.lu zesumme mat de Conservatoiren op deen dote Wee gaangen ass.

Ech wëll och Merci soe fir déi Ënnerstützung, déi hei ausgedréckt ginn ass fir déi Kollaboratiounen tëschent de Museksschoulen, de Conservatoiren an de Grondschoulen, well ech fannen dat ganz, ganz wichteg. Mir hunn och parallel zu dësen Efforten, zu engem weidere Ausbau vun dem Museksunterricht eng ganz Rei vun Efforte gemaach, fir d'Qualitéit vum Museksunterricht an der Grondschoul ze verbesseren. Ënner anerem ass d'didaktesch Material, d'Léiermaterial, komplett iwwerschaaft ginn an ech denken, datt mer och nach e weidere Sprong an der Qualitéit kënne erreechen, wa mer méi enk zesummeschaffen. Duerfir hu mer zanter dräi Joer och éischt Pilotprojete lafen, bei deenen d'Klassen aus de Grondschoule mat hiren Enseignanten zesumme Projete realiséieren mat Enseignanten aus de Museksschoulen.

Mir ënnerstëtzen och – an dat wëll ech hei soen – finanziell d'Gemengen als Träger vun deene Musekschoulen doranner, andeems mer soen: Mir sinn d'accord, datt bis zu engem Trimester vun engem Schouljoer eng Klass och eng Duebelbesetzung kritt fir esou e Projet. Dat heescht, datt den Enseignant aus der Grondschoul an den Enseignant aus der Museksschoul zesumme kënne intervenéieren an enger Klass, fir do en Transfert de compétences ze kréien, fir datt do deen ee vun deem anere ka léieren. An ech denken, datt dat a béid Richtunge ka goen, au profit virun allem vun de Kanner. Mir ënnerstëtzen – nach emol – d'Gemenge méi staark doranner, well déi dote Projeten dann och Direktënnerstützung bis zu 50 % kënne kréie vum Ministère fir deen Enseignant aus der Museksschoul.

An ech gesinn heibanne genuch Gemengepolitiker. Mir wäre frou, wa mer d'Gemengen och nach méi staark kéinte motivéieren, mat op deen dote Wee ze goen. Et ass och hei an der Debatt gesot ginn, an dat ass dee grouse Paradigmewissel, iwwert dee mer frou sinn: Jo, mir hunn haut eng Gratuitéit vum Museksunterricht fir Kanner a Jonker! Mee mer mussen awer och dee Museksunterricht u Kanner a Jonker erubringen. An dat erreeche mer eeben duerch déi Kollaboratiounen vun de Museksschoulen, de Conservatoiren an de Grondschoulen, well mer do all Kand erreechen a well do d'Kand jo eigentlech d'Méiglechkeet huet, säin Talent ze entdecken. An et wäert net jidderee Freed um Museksunterricht hunn. Et gëtt vill Kanner, déi hiert Talent anzwousch anescht ers entdecken. D'Haaptsaach ass, se entdecken et! Mee et ass schued fir all Kand, dat säin Talent am musikalesche Beräich eeben net selwer kann entdecken. An duerfir fannen ech dat dote ganz, ganz besonnesch interessant.

Dat gesot, Här President, wëll ech nach eng Kéier villmools Merci soe fir déi breet Ënnerstützung hei. An ech fannen et eigentlech normal, wa mer Gesetzer stëmmen, déi awer dës Envergure hunn, datt mer duerno och eng Evaluatioun maachen. D'Chamber ka sech vläicht eens ginn, wéi dacks dat ass. Et schéngt mer vläicht e bëssen iwwert d'Zil erausgeschoss ze sinn, fir permanent ze evaluéieren. Et soll een evaluéieren an da Konklusiounen zéien. Dat schéngt mer eng gutt legislativ Praxis ze sinn.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Educatiounsminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7907. Den Text steet am Document parlementaire 7907<sup>6</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7907 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. Da waarde mer nach eng hallef Minutt.

(Hilarité)

**Une voix** | Piano.

**M. Fernand Etgen**, Président | Piano.

(Hilarité)

De Vott ass ofgeschloss. Bal Harmonie puer.

Bei 4 klenge Mësstéin ass dëse Projet de loi mat 56 Jo-Stëmmen a 4 Enthaltungen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Félix Eischen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus: MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### **Motion 1**

Da komme mer nach zur Motioun, déi bei deem Projet de loi deposéiert ginn ass. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Claude Lamberty.

**M. Claude Lamberty** (DP), rapporteur | Jo. Merci, Här President. Ech mengen, wéi de Minister et elo grad gesot huet a wéi och d'Virriedner et schonn an hire Riede gesot hunn: Eng Evaluatioun, mengen ech, déi ass effektiv richtig. Mee mer sollen awer och net méi evaluéieren, wéi mer schaffen. Dofir denken ech, dass ee sech do kéint op en Zweekoresrhythmus eenegen. Dat wär dann d'Propos.

A wann ech der Madamm Modert hiert Kopfnicke richtig interpretéieren, mengen ech, kéinte mer da

vläicht souguer eng Unanimitéit kréien, dass mer dat do mat 60 richtegen Noute géife gestëmmt kréien.

(Interruptions)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Lamberty. An ech ginn d'Wuert direkt zréck un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Modert.

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Merci, Här President. Jo, merci, Här Lamberty. Domadder kann ech liewen. Wichteg ass virun allem, datt fréi ugefaange gëtt ze kucken, wéi d'Gesetz gräift a wou vläicht nach Mëss-téin wären, déi géifen da kënnen evaluéiert a geännert ginn, wann dat esou wär. An dat ass dat Wichtigst der-bäi.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Modert.

### Motion 1 modifiée

*La Chambre des Députés,*

– considérant que la loi du 28 avril 1998 portant harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal a, pour la première fois, introduit un cofinancement étatique de l'enseignement musical communal et l'a organisé d'une façon homogène pour l'ensemble du pays ;

– que cette loi a conduit à un essor indéniable de l'enseignement musical et une recrudescence du nombre d'élèves inscrits ;

– que le présent projet de loi n° 7907 porte réforme de la loi de 1988 précitée incluant un certain nombre d'améliorations structurelles ainsi qu'une redéfinition du mode de cofinancement étatique ;

– que ces adaptations s'imposent à la lumière des enseignements tirés au fil des années de l'application de la loi de 1998 ;

– qu'il s'imposait de revoir entre autres le financement de l'enseignement musical ;

– que les nouvelles modalités de financement, dont la participation financière étatique, doivent être suivies dans leur application pratique et concrète, de même que les délais et procédures concernant les inscriptions et leur validation administrative,

invite le Gouvernement

– à procéder à une évaluation de l'application de la présente loi portant organisation de l'enseignement musical dans le secteur communal au plus tard dans deux années, et biennuellement par la suite ;

– et à présenter les résultats de l'évaluation à la Chambre des Députés afin, le cas échéant, d'apporter les adaptations nécessaires.

(s.) Octavie Modert, Diane Adehm, Emile Eicher, Max Hengel, Georges Mischo.

### Vote sur la motion 1 modifiée

Wie mat där liicht modifizierter Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun ugehall.

## 14. Question écrite n° 5978 de M. Marc Spautz relative à la construction d'un parc éolien à Oberkorn

Da kéime mer nach zu deene Froen, bei deenen den Délai de réponse erfall war a wou am Ufank vun der Sitzung gefrot ginn ass, fir dës Froe während der Sitzung mëndlech ze stellen.

Da komme mer fir d'éischt zur parlamentarescher Fro Nummer 5978 vum Här Marc Spautz iwwert de Wandpark Uewerkuer. Här Marc Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Déi Fro hate mer gestallt den 23. Mäerz 2022, well zu Uewerkuer vun der Gemeng geplangt war, e Wandpark ze installéieren am Kader vun der eegener Energieversuergung. Do sinn och ganz vill Gutachte gemaach ginn, mee duerno huet d'Ministesch decidéiert gehat, do kéint kee Wandpark installéiert ginn, well do wiere Problemer am Naturschutzgebitt. Mee d'Gesetz hätt awer d'Méiglechkeet ginn, nom Artikel 33.1, dass d'Ministesch eng Ausnam kéint maachen.

An eis Fro war – dat war jo alles scho virun der Ukrain-Kris, wou mer nach net esou grouss diskutéiert hunn iwwer alternativ Energien –, wéi et dann elo ass, ob do eng Bereitschaft besteet vun der Regierung, nodeem d'Gemeng Déifferdeng schon esou vill Geld do investéiert hat, fir do e Wandpark ze maachen, awer iwwert dat ewechzegoen no deenen neien Erkenntnisser, déi mer hunn duerch d'Ukrain-Kris, an zweetens, ob de Staat och wëlles huet, de Gemengen trotzdem awer nach ze hëllefen, déi bereet sinn, Wandparken ze installéieren. Well et ass schon e bësse komesch: Déi eng wëllen der maachen a kréien et verbueden an anerer kréien der octroyéiert an déi hunn da Schwierigkeiten, fir et ze realiséieren.

Dat waren d'Froen, déi mer un d'Ministesch gestallt haten.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Spautz. Den Här Energieminister a Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, den Här Claude Turmes, huet d'Wuert.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, Ministre de l'Énergie | Gudden Owend. Fir d'éischt emol entschëllegt, dass mer et net fäerdegruecht hunn, déi Froen do schréiftlech ze beäntweren, an duerfir sinn ech elo och gäre komm.

Also, ech gi vläicht einfach mol den allgemenge Kader. Et ass jo esou, normalerweis därf een an der Gréngzon net bauen, ausser eng Rei Saachen. An d'erneierbar Energien, déi hunn den Interêt général. Duerfir kënnen dann eeben op Autorisation Wandparken oder eenzel Wandturbine gebaut ginn, wa se standuertgebundene sinn.

Gutt. An dann, mengen ech, ass et do zu Déifferdeng esou, dass dat effektiv eng Plaz ass, wou mer wierklech e Konflikt haten zwëschen Naturschutz op där enger Säit an eeben erneierbarer Energieproduktioun op där anerer Säit. Dat ass esou tranchéiert ginn. Deen Dossier ass elo zou. Et ass awer esou, dass mer mat de Responsabele vun der Déifferdenger Gemeng amgaange sinn ze kucken, ob mer net kënnen e Solarpark iergendwou himaachen.

An Dir musst wëssen, mir maachen elo iergendwéi virum Summer – oder nom Summer, ech muss kucken, wéi schnell mer elo weiderkommen – eeben och d'Gréngzonen op fir Agri-PV, mat ganz strenge Bedéngungen. Mir sinn domat amgaang, mir hunn dat mat de Baueren diskutéiert, an dann offiziell de Landwirtschaftsminister, den Ëmweltminister an den Energie-minister. An dat ass da jo och fir déi Gemengen, déi elo eventuell Pech hunn, datt se keng Wandmille kënnen oprichten. Déi kënnen dann éischter an de Bësch vun der Solarenergie goen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Turmes.

## 15. Question écrite n° 5979 de M. Jean-Paul Schaaf relative à l'extension des parcs éoliens

Da komme mer elo zur Fro Nummer 5979 vum Här Jean-Paul Schaaf iwwert d'Wandmille. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Jo, merci fir d'Méiglechkeet, déi Fro hei ze stellen. Ech hunn eng Fro gestallt – et war och den 23. Mäerz 2022 –, net iwwert e spezifesch Wandmilleproblem, mee et war am Fong geholl eng generell Iwwerleeung. Et sinn der esou vill. Mir kréien et ëmmer erëm mat, wann eng Kéier an der Press rieds dovunner ass: En Dossier ass eppes ginn, en Dossier ass näischt ginn, et gëtt eppes gebaut, et gëtt e Repowering gemaach an esou weider, et gëtt erëm e Refus, et gëtt an de Gemengeréit diskutéiert an esou weider. Et ass e bëssen eng Geschicht, bei där een den Iwwerbléck verléiert.

Duerfir hat ech d'Fro gestallt, wat fir eng Projekte vun de Wandmille an deene leschten zéng Joer am Fong geholl an d'Prozedur komm sinn, wéi eng ugefrot gi sinn, deposéiert gi sinn a wat mat deene geschitt ass. Konnte se geneemegt ginn? Konnte se net geneemegt ginn? Wa se net geneemegt gi sinn, firwat? Sinn et Froe wou Kommo, also vum Sécherheetsaspekt, deen och de Gesondheetsaspekt ubelaangt. Sinn et Froe vum Naturschutz? Oder sinn et aner Ursaachen, wéi zum Beispill Biergerinitiativen oder Änleches? Aus wat fir engen Ursaache si wéi vill Projeten ënnerwee gestoppt ginn a wéi gesäit dat op der Zäitschinn aus?

Dat waren am Fong geholl meng Froen. Ech hunn awer och näischt dergéint, wann Der mer dat nach eng Kéier am Detail noreecht. Mee Dir kënnt et awer och hei fir all Projet erklären.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Villmools merci, Här Schaaf. Den Här Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, den Här Claude Turmes, huet nach eng Kéier d'Wuert.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Ech mengen, et hängt elo dovun of, wivill Zäit Der den Owend nach hutt. Ech fänken dann un:

– 30.11.2012: Wandpark Kehmen-Heischent, geneemegt den 10.10.2013.

– Wandpark Heischent bei Clierf: den 22.03.2019 agereecht, den 31.03.2020 geneemegt.

**Une voix** | Hengescht.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Ech kéint elo esou weiderfueren. Et ass en Dokument vun enger Rei Säiten. Ech hunn et du selwer de Mëtteg nach eng Kéier am Detail gekuckt. Also, déi meescht Wandparken, déi ugefrot si ginn, si geneemegt ginn. Si sinn och ganz, ganz oft ganz, ganz schnell geneemegt ginn. Also, ech sinn eigentlech positiv iwwerrascht gewiescht, wéi schnell se geneemegt gi sinn.

Gutt, an dann hutt Der heiansdo Projeten, an deen Déifferdenger ass derbäi ... Wann Der e Standuert huet, dee vun der Biodiversitéit hier oder aus engem anere Grond extreem komplex ass, dann dauert et laang, well jo ëmmer erëm Froe gestallt ginn. An da kann et natierlech heiansdo och sinn, datt se verworfen ginn.

Insgesamt ass et esou, dass mer déi lescht Jore gutt virukomm sinn. Mir hunn och elo déi lescht Méint ganz, ganz enk mat der Ëmweltministesch zesumme-geschafft. Mir kréien elo eng ganz Rei Projeten





iwwerall am Land. Also, bis elo war d'Wandenergie jo haaptsächlech am Norde vum Land, elo kritt de Rescht vu Lëtzebuerg och d'Freed, fir Wandmillen ze kréien.

A fir dass Der dat einfach aschätze kënn: Mir si méi schnell wéi eis ambitiéis Zil am PNEC. Mir wäerte warscheinlech dat Zil, dat mer eis fir 2030 gesat hunn, schonn 2025 erreechen. Ech géif Iech virschloen, dass mer net den Owend elo nach laang hei ... Ech mengen, et mécht elo kee Sënn, datt ech hei Säiten a Säite virliessen. An deenen nächsten Deeg kritt Der dann déi detailléiert Äntwert.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Turmes.

## 16. Question écrite n° 5980 de Mme Martine Hansen relative aux arbres le long de la route

Da komme mer zu der parlamentarescher Fro Nummer 5980 vun der Madamm Martine Hansen iwwert d'Stroossebeem.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Villmools merci, Här President. Meng Froe si méi kuerz. Dofir denken ech, datt se och kënne ganz beäntwert ginn.

Well leider nach ëmmer schwéier Verkéiersaccidenter mat de Stroossebeem geschéien, hat ech am Januar eng Fro gestallt, an déi war leider net ganz zu menger Zefriddenheet beäntwert ginn. Dofir hunn ech nach eng Kéier bei dräi Froen nogehaakt.

Déi éischt Fro: Kann den Här Minister confirméieren, datt mat der Ëmsetzung vum Pilotprojet, deen u sech 2019 ugekënnegt ginn ass an der Gemeng Jonglënster, fir tëschent Gonnereng an Eeschwëller Beem an déi ugrenzend Felder ëmzeplanzen, nach net ugefaange gouf? A wa jo, firwat? Firwat ass no dräi Joer u sech nach näischt geschitt?

Déi zweet Fro: An der Äntwert op meng Question parlementaire vum Januar haten d'Ministère mer geäntwert, et wäeren nach net vill Beem duerch Hecken ersat ginn. Ech wëll einfach gäre wëssen: Wat heescht dat konkret? Wéi héich ass d'Zuel vu Beem, déi duerch Hecken ersat gi sinn? Well et eeben e Fakt ass, datt Hecke manner schwéier Accidenter provozéiere wéi Beem.

An déi lescht Fro: Kann den Här Minister mer d'Unzuel vun Demandé soen, déi fir d'Ewechmaache vu Beem an enger Natura-2000-Zon agereecht gi sinn. A wivill

sinn der dovunner geneemegt ginn? A wivill sinn der refuséiert ginn a firwat?

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. Den Här Minister fir Ëmwelt als Verrieder vum Mobilitéitsminister, den Här Claude Turmes, huet d'Wuert.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Villmools merci fir d'Fro. Also, ech mengen, déi Stroossebeem sinn natierlech e prägend Element an eise Landschaften. Mee heiansdo sti se op Plazen, wou se ze geféierlech sinn, an dann, mengen ech, ass et och gutt, wa se ewechgemaach ginn.

Viäicht zu Är éischter Fro: Um CR132, do gouf et eng Iddi vun der Association des victimes de la route, fir e Pilotprojet ze maachen.

(Interruptions)

An dee Pilotprojet géif aus Follgendem bestoen: Mir hu grouss Beem laanscht d'Strooss. An d'Iddi ass, fir déi Beem méi wäit hannen ze setzen.

(Éternuement et hilarité)

Ech si frou, dass ech zu dëser Stonn nach hei zum allgemenge Gelächter ...

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir soe Merci fir dat allgemengt Gelächter.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Ok.

**M. Fernand Etgen**, Président | Dir dærfst virufueren.

(Interruptions)

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | De Problem ass, an ech mengen, Dir sidd jo an deem Milieu och gutt doheem: Déi Baueren, déi do Felder ronderëm hunn, déi sinn net immens bereet, well déi dann d'Impressioun hunn, datt se Terrain verléieren, datt se Schiet kréien. An dee Projet, do si si amgaang drun ze schaffen, mee si si sech nach net eens gi mat deene Baueren an och net iwwert déi finanziell Kompensatioun.

Ech mengen, de François Bausch an ech – a merci fir d'Fro –, mir wäerten dat nach eng Kéier kucken. Mee et ass net esou einfach, well Der hutt jo da keng Emprisé méi op deene Plazen. Dir sidd op de Goodwill ugewise vun de Propriétaire vun den Terrainen. Gutt. An dat ass leider net esou gutt virugaang.

Dann zu den Hecken, oder ier ech bei d'Hecke kommen ... Dëst Joer, also 2022, ass geplangt ... Et ass jo esou, dass d'Ponts et chaussées systematesch kucken:

Ass do e Bam, dee wierklech ze geféierlech ass? Dëst Joer sinn et 42 isoléiert Beem, déi als geféierlech agestuift sinn, déi sollen ewechgemaach ginn an déi och ewechgemaach ginn.

An dann, wat d'Hecken ubelaangt: Op der N15 Heischtergronn, op dem CR234A, zu Conter, op der N6 bei der Europaschoul zu Mamer och, um CR226 um Kreesverkéier zu Sire sinn Hecke gesat ginn. Op der N7 zu Luerenzweiler, op der N2 zu Aassel, op der N2 zu Bous, op der N10 zu Iechternach, op der N1 um Potaschbiérg, ...

(Interruptions)

... um Potaschbiérg, ech weess net, ob deen elo den IRM do verstoppt oder net, ...

(Hilarité)

... an dann den CR139 zu Hierber.

Dat heescht, déi Iddi vun der Associatioun, déi jo och eng sënnavoll Iddi ass, gëtt elo no an no konsequent vun de Leit vu Ponts et chaussées zesumme mat der Forstverwaltung an och mat dem Naturschutz ëmgesat.

An dann Är lescht Fro. Natura 2000 beinhalt kee spezifesch Schutz fir Stroossebeem, dat heescht, duerfir gëtt dat och net gekuckt. Dir hutt den Artikel 14, mengen ech, vum Naturschutzgesetz, deen ëmmer muss gekuckt ginn, deemno wou et ass. Mee ech kréien dat gesot, an ech mengen, ech kann nëmmen elo, an deene puer Deeg, wou ech Ëmweltminister sinn, dat hei repetéieren; wat ech gesot kritt hunn, dass bei Natura 2000 esou keen Ënnerscheet gemaach gëtt zu enger normaler Gréngzon. An duerfir gëtt et do och keng Statistik, well déi Fro eiser Meenung no net relevant ass.

An dann nach zu Är leschter Fro. Et sinn 248 Ufroen d'lescht Joer traitéiert ginn. A bis dato sinn 200 Dossieren autoriséiert ginn, wat, mengen ech, awer och e gudde Rapport ass. Gutt. A wou déi 48 elo dru sinn, dat kann ech Iech net soen. Et ka sinn, dass do awer deen een oder deen aneren, aus gudde Grënn, da stoe bliwwen ass. Mee nach eng Kéier; fir de Gros vun den Demanden ass vun Naturschutzsäit dann och eeben de Go gi ginn, fir eeben déi geféierlech Plazen do ze eliminéieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Minister Claude Turmes. Domadder si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 19.20 heures.)

## 48<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | Mme Djuna Bernard, Vice-Présidente | M. Marc Spautz, Vice-Président

### Sommaire

- |                                                                                                                                                                                                                                                                                     |                                                                                                                                                                                                                                                                                                                                  |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| <p>1. Ouverture de la séance publique ..... p. 47<br/>M. Fernand Etgen, Président</p> <p>2. Dépôt d'une motion par M. Claude Wiseler ..... p. 47<br/>Exposé : M. Claude Wiseler</p> <p>3. Dépôt d'une motion par Mme Viviane Reding ..... p. 48<br/>Exposé : Mme Viviane Reding</p> | <p>4. Dépôt d'une motion par Mme Nathalie Oberweis ..... p. 49<br/>Exposé : Mme Nathalie Oberweis</p> <p>5. Présentation par Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, et par M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, du programme de stabilité et de croissance (PSC) et du programme national de réforme (PNR) ..... p. 49</p> |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|

Présentation du programme de stabilité et de croissance (PSC) : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Présentation du programme national de réforme (PNR) : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

**6. Question élargie n° 139 de M. Laurent Mosar au sujet des difficultés en matière d'ouverture de comptes en banque professionnels rencontrées par des ressortissants de pays tiers résidant au Luxembourg ..... p. 54**

M. Laurent Mosar | Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | M. Laurent Mosar | Mme la Ministre Yuriko Backes

**7. 7654 – Projet de loi modifiant la loi du 21 mars 2017 relative aux emballages et aux déchets d'emballages**

**7656 – Projet de loi relative à la réduction de l'incidence de certains produits en plastique sur l'environnement**

**7659 – Projet de loi modifiant :**

**1° la loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets ;**

**2° la loi modifiée du 31 mai 1999 portant institution d'un fonds pour la protection de l'environnement**

**7699 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008**

**a) relative aux piles et accumulateurs ainsi qu'aux déchets de piles et d'accumulateurs**

**b) modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets**

**7701 – Projet de loi relative aux déchets d'équipements électriques et électroniques ..... p. 56**

Rapports de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire : M. François Benoy

Discussion générale : M. Jean-Paul Schaaf (dépôt de la motion 1) | M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | Mme Stéphanie Empain (dépôt de la motion 2) | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti (dépôt des motions 3 à 6) | M. Marc Goergen (interventions de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, et M. Sven Clement)

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7654 et dispense du second vote constitutionnel

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7656

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7659 et dispense du second vote constitutionnel

Dispense du second vote constitutionnel du projet de loi 7656

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7699 et dispense du second vote constitutionnel

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7701 et dispense du second vote constitutionnel

Motion 1 : M. François Benoy | M. Jean-Paul Schaaf | Mme Myriam Cecchetti

Vote sur la motion 1 (rejetée)

Motion 2 : M. Marc Goergen | Mme Jessie Thill | M. Marc Goergen | M. Jean-Paul Schaaf

Vote sur la motion 2 (adoptée)

Motion 3 : M. François Benoy | M. Sven Clement | M. Fred Keup | M. Jean-Paul Schaaf | Mme Myriam Cecchetti (intervention de M. Sven Clement)

Vote sur la motion 3 (rejetée)

Motions 4 et 5 : M. François Benoy | Mme Myriam Cecchetti (interventions de M. François Benoy)

Vote sur le renvoi de la motion 4 en commission (adopté)

Vote sur le renvoi de la motion 5 en commission (adopté)

Motion 6 : M. François Benoy | Mme Carole Hartmann | Mme Myriam Cecchetti

Vote sur le renvoi de la motion 6 en commission (adopté)

**8. Ordre du jour ..... p. 76**

M. Fernand Etgen, Président

**9. 7841 – Projet de loi concernant la gestion de la sécurité des infrastructures routières ..... p. 76**

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Chantal Gary

Discussion générale : M. Aly Kaes | M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti (dépôt des motions 1 et 2) | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics (intervention de Mme Myriam Cecchetti) | Mme Nathalie Oberweis (parole après ministre) | M. le Ministre François Bausch | Mme Nathalie Oberweis (parole après ministre) | M. le Ministre François Bausch

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7841 et dispense du second vote constitutionnel

Motion 1 : M. Sven Clement | M. Aly Kaes | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti

Vote sur la motion 1 (intervention de Mme Diane Adehm) (rejetée)

Vote sur la motion 2 (intervention de M. Fernand Kartheiser) (rejetée)

**10. 7868 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 décembre 2020 relative au climat ..... p. 81**

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire : M. François Benoy

Discussion générale : M. Jean-Paul Schaaf | M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | M. Fred Keup | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

M. François Benoy

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7868

**11. 7980 – Projet de loi portant prise en charge par l'État des frais engendrés par l'utilisation des réseaux de distribution de gaz naturel ..... p. 82**

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire : Mme Jessie Thill

Discussion générale : M. Jean-Paul Schaaf | M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7980 et dispense du second vote constitutionnel

**12. 7868 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 décembre 2020 relative au climat (suite) ..... p. 85**

Dispense du second vote constitutionnel

**13. Question urgente n° 6109 de Mme Jessie Thill relative à l'arrêt des livraisons de gaz russe à la Pologne et à la Bulgarie ..... p. 85**

Mme Jessie Thill | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Claude Turmes, M. Franz Fayot, M. Claude Haagen et Mme Yuriko Backes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**Une voix** | Nee, Här President.

## 2. Dépôt d'une motion par M. Claude Wiseler

**M. Fernand Etgen**, Président | Da géif ech d'Wuert ginn un den Här Claude Wiseler fir den Depot vun enger Motioun.

**Exposé**

**M. Claude Wiseler** (CSV), auteur | Villmools merci, Här President. Ech wollt am Fong, datt mer de Mëtten

oder dës Woch eng Heure d'actualité maachen iwwert d'Ukrain, déi ech eragereecht hat. Déi ass awer net ugeholl ginn, well den Här Asselborn net am Land ass. Mir wollten zwar och net den Här Asselborn, mir wollten den Här Bettel, fir iwwert déi Situatioun ze schwätzen. Mee, wéi gesot, se ass net ugeholl ginn.

Dofir wollt ech haut eng Motioun deposéieren, well Dag fir Dag dee mäerderesche Marsch an der Ukrain weidergeet, well Mënsche leiden, well Mënsche



stierwen, well Mënsche vergewaltet ginn, well Mënschen op der Flucht sinn, op där enger Säit, a well een och op där anerer Säit spiert, datt bei eis an an de westleche Länner d'Urgenzgefill, wat mer am Ufank haten, lues a lues erfoget, well sech eng Gewunnecht astellt, well een och d'Impressioun huet, datt deen een oder deen aneren hofft, datt dat Ganz laanscht eis géif goen an eis net aus eiser Komfortzon géif erausgehen.

Dat ass awer net esou, dovunner si mir ganz fest iwwerzeegt. Dat hei ass net just e Krich an der Ukrain, et ass e Krich géint d'Demokratie a géint déi westlech fräiheetlech Regimenter.

Mir sinn iwwerzeegt, datt, wann den Här Putin dee Krich gewënnt, da firt e weider, ob dat a Moldawien oder an de baltesche Länner oder enzwousch anescht ass, elo, an zwee, a véier oder a sechs Joer. Dat muss mer eis kloer sinn. Dovunner muss mer ausgoen.

Hei ass e Krich, dee géint de Weste gefouert gëtt, wou Ukrainer an eisem Numm kämpfen, e brutale Krich ouni Rücksicht, mäerderesch och géint d'Zivilbevölkerung. An dofir si mer verantwortlech, alles ze maachen, fir den Ukrainer esou vill wéi méiglech ze hëllefen.

D'Europaparlament huet virun zwou Woche ganz kloer geschwat a mat Courage geschwat! Mat 513 Stëmme op 554 hu se eng Motioun ugeholl, déi daitlech Wieder gesot huet, d'ailleurs – an ech wëll dat kloer soen – mat de sechs Stëmme vun de Lëtzebuerger Europaparlamentarier, déi alleguer derfir gestëmmt hunn.

Déi Motioun, déi ech haut proposéieren, ass a groussen Deeler wuertwärtlech déi selwecht, an ech soen dat, wuertwärtlech déi selwecht, wéi se am Europaparlament ofgestëmmt ginn ass. Se ass e weineg verkiezt an adaptéiert op de Lëtzebuerger Besoin, mee och an dem Wuertlaut ass se tel quel iwwerholl ginn. Dat ass och wëllentlech geschitt. Fir eis Diskussiounen ze vereinfachen, wollt ech deen Text net emännere, well och net nëmmen déi sechs Lëtzebuerger Europaparlamentarier derfir gestëmmt hunn, mee alleguer d'Parteien, déi am Europaparlament vertruede sinn.

Et geet hei drëm, fir datt d'Ukrainer esou vill wéi méiglech Waffe geliwwert kréien. Et geet drëm, fir fir Couloir-humanitäre ze plädéieren. Et geet och drëm, fir d'Ukrain ze ënnerstëtze bei hirer Volontéit, EU-Member ze ginn oder op jidde Fall d'Perspektiv vun der EU-Memberschaft ze kréien, andeem ee seet, datt een zumindest hinnen elo emol déi Méiglechkeet gëtt, Kandidat ze ginn – duerno kënn nach eng ganz, ganz laang Prozedur, wou nach vill sech muss conforméieren –, an an Tëschenzäit eng Integratioun an de Marché unique ze maachen iwwer Accords d'association, souwäit d'Situatioun dohannen et dann erlaabt.

Et geet drëm, datt déi Sanktiounen uerdentlech ëmgesat ginn. Et geet drëm, datt och nei Sanktiounen geholl ginn, wa se effikass sinn an datt Lëtzebuerg se och soll ënnerstëtzen.

Et geet och drëm, direkt en totalen Embargo op Pétrol, op Kuelen, op nukleare Brennstoffen an op Gas ze ënnerstëtzen, wann en dann europawäit gemaach gëtt. Et ass an eisen Aen onmorallesch, datt mat méi wéi 600 Milliounen den Dag déi russesch Krichsmaschinn ënnerstëtzt gëtt. An esou eng Mesure wär effikass, fir Russland effizient am Härz ze treffen.

Et geet drëm, fir nach eng Kéier fir eng Diversifikatioun vun den Energieressourcen, notament nom europäesche Pacte vert, ze plädéieren a fir och kloer an daitlech ze soen, datt iwwert d'Krichsverbriechechen an d'Verbrieche géint d'Mënschheet, esou wéi se elo an der Ukrain geschéien, net kann ewechgekuckt ginn

an datt schlussendlech déi Schëlleg mussen virun d'Tribunal geholl ginn.

Wéi gesot, am Europaparlament hunn all d'Parteien matgestëmmt. An ech hoffen, datt mer déi selwecht Eenheet och hei an dësem Parlament kënnen fannen.

Wannechgelift, Här President!

### Motion

– *Considérant que la guerre en Ukraine continue de faire des victimes innocentes et que les atrocités perpétrées par les troupes russes ont franchi un nouveau cap avec la découverte, le dimanche 3 avril 2022, de corps de civils, hommes et femmes, allongés dans les rues de Boutcha ;*

– *considérant que l'armée russe poursuit les bombardements aveugles et les attaques aériennes contre des zones résidentielles et des infrastructures civiles telles que les hôpitaux, les écoles et les crèches, ce qui a conduit à la destruction complète ou quasi complète de Marioupol, de Volnovakha et d'autres villes et villages ;*

– *considérant que les sanctions ont un effet, mais que les achats de combustibles fossiles de l'Union en Russie continuent de fournir au régime des moyens qui contribuent au financement de la guerre ;*

– *considérant que des études montrent que l'interdiction des importations de combustibles fossiles russes aurait une incidence sur la croissance économique de l'Union, et se traduirait par des pertes estimées à moins de 3 % du PIB, alors que les pertes que subirait l'économie russe au cours de la même période représenteraient 30 % du PIB et contribueraient à mettre un terme à l'agression russe ;*

– *considérant les différentes décisions prises par le Conseil européen concernant des sanctions et des mesures restrictives à l'égard de la Russie ;*

– *considérant l'adoption par le Parlement européen de la résolution concernant l'évolution de la guerre en Ukraine et les sanctions de l'UE contre la Russie le 7 avril 2022, résolution largement reprise par la présente motion ;*

– *rappelant l'adoption unanime de la motion du 24 février 2022 par la Chambre des Députés et la condamnation de l'attaque non provoquée et injustifiée de l'Ukraine par la Fédération de Russie,*

*la Chambre des Députés*

– *condamne avec la plus grande fermeté la guerre d'agression menée par la Fédération de Russie contre l'Ukraine, ainsi que l'implication de la Biélorussie dans cette guerre, et exige que la Russie mette un terme immédiat à toutes ses activités militaires en Ukraine et retire sans condition l'intégralité de ses forces et équipements militaires de la totalité du territoire ukrainien internationalement reconnu ;*

– *partage la douleur de la population ukrainienne qui subit des pertes et des souffrances indicibles ;*

– *souligne que cette agression militaire et cette invasion constituent une violation grave du droit international, en particulier de la Convention de Genève et ses protocoles additionnels et de la Charte des Nations Unies ;*

– *exprime la colère et l'indignation que lui inspirent les atrocités dont il est fait état, y compris le viol et l'exécution de civils, les déplacements forcés, le pillage et le ciblage d'infrastructures civiles, telles que les hôpitaux, les installations médicales, les écoles, les abris et les ambulances, et les tirs visant les civils qui tentent de fuir les zones de conflit en empruntant les couloirs humanitaires définis d'un commun accord, et qui ont été commises par les forces armées russes dans un certain nombre de villes ukrainiennes occupées, dont Boutcha ;*

– *rappelle avec insistance que les auteurs de crimes de guerre et d'autres violations graves de droits ainsi que les représentants gouvernementaux et les chefs militaires responsables devront répondre de leurs actes ;*

– *rappelle qu'en cas de crimes de guerre et de génocide, la communauté internationale est tenue d'agir et devrait utiliser tous les instruments à sa disposition ;*

– *soutient pleinement l'enquête lancée par le procureur de la CPI sur les crimes de guerre et les crimes contre l'humanité, ainsi que les travaux de la commission d'enquête du Haut-Commissariat des Nations Unies aux droits de l'homme,*

*invite le Gouvernement*

– *à poursuivre et à soutenir les livraisons d'armes pour permettre à l'Ukraine de se défendre efficacement ;*

– *à demander la mise en place de couloirs humanitaires et de passages sûrs pour évacuer les civils qui fuient les bombardements ainsi qu'à soutenir les renforcements des réseaux d'aide humanitaire de l'Union en Ukraine ;*

– *à soutenir, suite à la volonté exprimée par l'Ukraine dans sa demande d'adhésion à l'Union européenne présentée le 28 février 2022, l'envoi d'un signal clair par les institutions de l'Union européenne en faisant en sorte d'accorder à l'Ukraine le statut de candidat à l'Union européenne, conformément à l'article 49 du traité sur l'Union européenne et sur la base de ses mérites, et, dans l'intervalle, de continuer à œuvrer à son intégration sur le marché unique de l'Union, conformément à l'accord d'association ;*

– *à veiller à ce que la mise en œuvre des sanctions existantes soit intégrale et effective au Luxembourg ;*

– *à soutenir toute demande permettant d'accroître l'efficacité des sanctions existantes ;*

– *à soutenir la mise en place d'un embargo total et immédiat sur les importations russes de pétrole, de charbon, de combustible nucléaire et de gaz et à demander à la Commission européenne de présenter un plan visant à continuer à garantir la sécurité de l'approvisionnement énergétique de l'Union européenne à court terme ;*

– *à continuer à diversifier les ressources, les technologies et les voies d'approvisionnement énergétiques, mais également à investir encore davantage dans l'efficacité énergétique, les énergies renouvelables, les solutions de stockage de gaz et de l'électricité et à effectuer des investissements durables à long terme conformément au pacte vert pour l'Europe ;*

– *à apporter son soutien à tous les processus internationaux et nationaux légitimes d'enquête sur les crimes contre l'humanité et les crimes de guerre présumés commis en Ukraine, afin que tous les auteurs et complices répondent de leurs actes devant les tribunaux.*

(s.) Claude Wiseler, Martine Hansen, Viviane Reding, Gilles Roth, Marc Spautz.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Wiseler.

### 3. Dépôt d'une motion par Mme Viviane Reding

Da géif ech d'Wuert ginn un déi honorabel Madamm Viviane Reding, och fir den Depot vun enger Motioun.

#### Exposé

**Mme Viviane Reding (CSV), auteure |** Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, an där selwechter Logik, déi elo grad virbruecht ginn ass vum Här Wiseler, leit déi aner Motioun, déi d'CSV Tech elo wäert ginn.

Hei geet et drëm, fir den ukrainesche Flüchtlingen ze hëllefen. Zu Lëtzebuerg ass et jo esou, datt de Staat, d'Hëlleforganisatiounen, d'Privatpersounen, d'Gemengen, d'Entreprises alleguerten engagéiert sinn, fir eng Hand mat unzepaken. An Europa hu sech déi

grouss an déi kleng Telekomsgesellschaft gëeeneget, fir d'Roamingkäschten a Grenzen ze halen oder einfach net anzefuerderen, fir datt d'Flüchtlinge solle kënne mat hirer Famill a mat hire Frënn op der Plaz weider a Kontakt bleiwen.

Den 8. Abrëll dëses Joers hu 25 Telekomsgesellschaften eng gemeinsam Stellungnam an en Engagement an deem Sënn ënnerschriwwen. Do sinn der derbäi wéi Deutsche Telekom, Bouygues, KPN, Orange, Proximus, Telefónica, TIM, FFR, British Telecom et j'en passe.

Deen, deem net derbäi ass, dat ass d'Post! Do freet ee sech: Firwat? Hunn déi dat verpasst? Ass et en Oubli? Oder e Manque de solidarité? Mir hoffen, datt et en Oubli ass. An dofir wëllt d'Chamber an där Motioun hei vun der Regierung fuerderen, datt se sech soll mat de Lëtzebuerger Telekombedreiwer ronderëm den Dësch setzen, fir datt déi eppes ënnerhuelen an deem selwechte Sënn, wéi déi 25 Telekomsgesellschaften europawäit et ënnerholl hunn.

Et geet hei ëm en Deel Mënschlechkeet. An ech mengen, besonnesch Entrepreneuren, déi jo gudd dostinn, deene géif et net schueden, wa se déi Mënschlechkeet géifen ënner Beweis stellen.

#### Motion

*La Chambre des Députés,*

– *considérant que la guerre en Ukraine continue de faire des victimes innocentes ;*

– *considérant que l'armée russe poursuit les bombardements aveugles et les attaques aériennes contre des zones résidentielles ;*

– *constatant que l'ONU s'attend à 8,3 millions de réfugiés contre un peu plus de 5 millions actuellement ;*

– *considérant que le Luxembourg continue d'accueillir et de prendre en charge des réfugiés en provenance d'Ukraine ;*

– *estimant qu'il s'avère important pour les réfugiés de pouvoir se connecter à travers l'Europe et de pouvoir rester en contact avec leurs familles respectives en Ukraine ;*

– *constatant que de nombreux opérateurs mobiles européens et ukrainiens ont signé une déclaration conjointe visant à démontrer leur détermination à assurer la connectivité aux réseaux mobiles de ceux qui ont dû fuir la guerre en Ukraine ;*

– *déplorant que le principal opérateur national de télécommunication n'est cependant pas signataire de cette déclaration,*

*invite le Gouvernement*

– *à entrer en contact avec tous les opérateurs luxembourgeois de télécommunication pour trouver dans les plus brefs délais une solution voire une offre adéquate et accessible pour les personnes concernées.*

(s.) Viviane Reding, Diane Aehm, Emile Eicher, Martine Hansen, Gilles Roth, Claude Wiseler.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Reding.

#### 4. Dépôt d'une motion par Mme Nathalie Oberweis

An da ginn ech d'Wuert un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis fir den Depot vun enger Motioun.

#### Exposé

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mäin Uleies haut ass net ganz nei. D'Kolleegin Martine Hansen hat scho virun e puer Wochen an och

respektiv virun e puer Méint dat Theema eng Kéier ugeschwat heibannen. Et ass awer dofir net manner traureg a schlëmm an dramatesch.

Eisen Informatiounen no sinn an de Spideeler nach ëmmer d'Visite beschränkt op eng Stonn den Dag, op eng Persoun den Dag, wat d'Patienten ugeet. Mir hunn do eeben Informatiounen kritt, dass dat nach ëmmer esou en place ass, obwuel, wéi mer alleguerter wëssen, d'sanitär Situatioun awer e weineg eng aner entre-temps ass.

Natierlech hu mer an de Spideeler och e CovidCheck. Deen ass nach ëmmer en vigueur. Mir wëssen, an ech mengen, dat ass och näischt Neits, wa mer dat elo soen, dass esou eng Circonstance, eng Stonn den Dag, eng Persoun, eng Visitt den Dag extreem schlëmm an och en traumatéiert Erleefnis ass fir de Patient selwer an och fir de Visiteur. Wann elo zum Beispill e Patient an enger Palliativstatioun ass oder schweier krank ass, ass dat wierklech extreem traumatiséierend.

Mir mengen deemno, dass dat wierklech net méi proportional ass u sech zur sanitärer Situatioun. An och, wat wierklech d'Rechter ugeet vun de Patienten a vun de Visiteuren respektiv vun der Famill, menge mer, dass dat wierklech net méi ugepasst ass a géifen deemno och eng Motioun hei ënnerbreeden, fir, bon, d'Santésministesch opzefuerderen, dat nach eng Kéier ze iwwerkucken.

Mir wëssen, dass si deemools, wéi d'Martine Hansen dat ugeschwat hat, gesot huet, et wär d'Autonomie vun de Spideeler. Mir mengen awer, dass d'Circonstancen déi sinn, dass dat wierklech eng Fro ass, wou de Ministère sech misst abréngen. Mir wëssen, dass de Ministère Representanten huet an de Verwaltungsréit vun de Spideeler, vum CHL, vum CHEM, a wäeren deemno frou, wa si sech géifen iwwer hir Representante fir déi Saach engagéieren.

Villmools merci!

#### Motion

*La Chambre des Députés,*

– *vu l'accalmie relative de la circulation du virus Covid-19 ;*

– *vu les mesures de protection en place et en particulier le système CovidCheck à l'entrée des hôpitaux ;*

– *vu les mesures restrictives en place dans les établissements hospitaliers concernant la circulation de personnes et en particulier la limite des visites des patient(e)s ;*

– *vu l'impact dramatique de ces limites de visites sur l'état mental et émotionnel des patient(e)s et des visiteur(euse)s ;*

– *vu l'impact de ces mesures sur les droits des patient(e)s et des visiteur(euse)s ;*

– *considérant les demandes antérieures de l'honorable Députée Martine Hansen ;*

– *considérant le renvoi vers l'autonomie des hôpitaux de la Ministre suite à l'interpellation de ladite Députée ;*

– *vu les représentants de l'État siégeant dans les conseils d'administration des hôpitaux,*

*invite le Gouvernement*

– *à s'engager rapidement à travers ses représentants, les délégués de l'État dans le conseil d'administration, de lever immédiatement la limite d'une heure par jour et un(e) visiteur(euse) par jour.*

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis.

#### 5. Présentation par Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, et par M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, du programme de stabilité et de croissance (PSC) et du programme national de réforme (PNR)

Mir héieren elo den Exposé vun der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes iwwert de Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm PSC souwéi iwwert de Relanceprogramm PNR. Madamm Finanzministesch, Dir hutt d'Wuert.

#### Présentation du programme de stabilité et de croissance (PSC)

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, mat der russescher Invasioun vun der Ukrain sinn däischter Zäiten iwwer onse Kontinent agebrach. Esou Biller, wéi mer se all Dag aus der Ukrain gesinn, hate mir gehofft, just nach an onse Geschichtsbücher ermëzefannen.

D'Zäit vum Krich, d'Zäit vun der Gewalt an der Groussmuechtpolitik ass an hirer ganzer Tragik erëm an den europäeschen Alldag ageuereden. Ons Solidaritéit gëllt dem ukrainesche Vollek, dat fir seng Fräiheet a fir seng Souveränitéit kämpft.

Dëse Krich ass net nëmmen eng humanitär Katastroph. D'Invasioun vun der Ukrain ass och eng flagrant Violatioun vun de Prinzipien vum internationale Recht an domadder vun der Weltuerdnung, wéi mer se säit dem Zweete Weltkrich kannt hunn.

#### Une voix | Richtig!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Dat lescht Joer war am Fong mat Hoffnung an Zouversicht op en Enn gaangen. No zwee laange Jore Pandemie hate mer geduecht, d'Luucht enfin nees um Enn vum Tunnel ze gesinn. D'Luucht ass op eng ganz brutal Aart a Weis nees ausgeknipst ginn.

De Programme de stabilité et de croissance, de PSC, deem ech Iech haut wëll virstellen, schreift sech leider an dëse Kontext an. De PSC ass eng Bestandsopnam vun der budgetärer Situatioun vum Land, déi Deel och vum Semestre européen ass. All Land muss virun Enn Abrëll der Europäescher Kommissioun seng Pläng ënnerbreeden, fir dass si d'Finanzsituatioun vun den einzelnen États membres vergläiche kann an eebe pro Land Recommendatiounen formuléieren.

Wéi huet sech d'Bild ufangs des Joers zu Lëtzebuerg presentéiert?

Mir hunn dës Pandemie besser iwwerstane wéi vill aner Länner an der EU. D'Resilienz vun onsem Land gouf op d'Prouf gestallt, a mir hunn dëse Schock gemeeschtert. 2021 ass de PIB vu Lëtzebuerg ëm 6,9 % gewuess, bal dräi Prozentpunkte méi, wéi et am PSC vum leschte Joer virgesi war.

Well mer eng gesond Finanzsituatioun haten, hu mer iwwert déi néideg Capacitéiten an och iwwert déi néideg Flexibilitéit verfüügt, fir d'Covidkris ze packen. Onsen Triple-A gouf während dësen zwee Joer vun alle Ratingagencen ëmmer erëm confirméiert. Well mer genuch finanziell Marge haten, konnte mir d'Leit an d'Wirtschaft ënnerstëtzen. Ganzer 2,8 Milliarden Euro hu mir dofir ausginn, Stand haut. Dëst huet Vertraue geschaaft an d'Kafkraaft gestärkt.

D'Reprise huet sech Enn 2020 ugekënnegt an iwwert d'lescht Joer acceleréiert. Dëst huet sech och bei onse Staatsfinanze spierbar gemaach. 2020 hate mer och beim Gesamtstaat en historeschen Defizit vun 2,2 Milliarden Euro. Fir 2021 gesi mir elo e Plus vu 650 Milliounen Euro. Dat entsprécht enger Verbesserung vu bal 3 Milliarden.



Den Defizit beim Zentralstaat konnt donieft vun 2020 op 2021 duerch zéng gedeelt ginn. Waren et am Joer 2020 nach 3,1 Milliarden Euro Defizit, esou leie mer 2021 bei 326 Milliounen Defizit. Nieft enger rigouresier Exekutioun vum Budget bei den Depensen huet de staarken Opschwung d'Recetten nees massiv ugekuerbelt.

2021 hat onst Land domadder d'budgetär Trajectoire vu virun der Pandemie erëmfonnt. Dës Verbesserung hat sech ouni de Krich an der Ukrain weider confirméiert, esou wéi mer et och nach an den Zuele virum éischten Trimester 2022 gesinn hunn.

Mam Krich huet sech dësen Trend leider komplett gedréit. D'Energiepräisser, déi virdru schonn ugezunn haten, si reegelrecht explodéiert. Zur Ofhängegkeet vun de fossilen Brennstoffen kommen d'Enkpäss an de Liwwerketten derbäi, iwwerall op der Welt.

An esou enger Situatioun ass et ganz wichteg, ze agéieren. Dëst hu mir mam Energiedesch an och mam Solidaritéitspak gemaach. D'Mesuren entsprechen och all de Recommendationen vun den internationalen Organisatiounen, déi eis soen, fir sozial, cibléiert an an der Zäit limitéiert ze agéieren. De Solidaritéitspak chiffriert sech op ronn 753 Milliounen Euro, dat entsprécht ongeféier 1 % vum PIB.

Mam Energiedesch maachen et ganzer 827 Milliounen Euro aus. Dozou kënn dann nach de Regimm vun de garantierte Prëten an enger Héicht vu 500 Milliounen Euro derbäi. Dat sinn am Ganzen 1,3 Milliarden Euro oder 1,7 % vum PIB.

Dëst gëtt de Leit an den Entreprisë Vertrauen. Et gëtt hinnen och Previsibilitéit. D'Regierung léisst keen am Ree stoen; dat hu mer och während der Covidkris bewisen.

An dësem onsécheren Kontext ass et nach méi schwéier wéi soss, fir prezis Prognosen opzestellen. Fir de Budget vun dësem Joer ass de Statec virun e puer Wochen nach vun engem Wuesstum vun 3,5 % ausgaange fir Lëtzebuerg. Dem Statec seng aktuellst Previsioun läit haut nëmme bei nach 1,4 % Croissance. An dodrop, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ass dann dës PSC opgebaut.

Dëst alles huet natierlech och e ganz staarken Impakt op d'Staatsfinanzen. De Budget ass vun engem Defizit vun 1,2 Milliarden Euro ausgaange beim Zentralstaat. Elo gi mer vun engem Defizit vun 1,6 Milliarden Euro aus. Dës Zuele bleiwen awer eng Momentopnam opgrond vun deenen Elementer, déi dem Statec an och menge Servicer am Finanzministère zur Verfügung stoungen bei der Opstellung vun dësem PSC.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, meng Presentatioun haut huet zwee Deeler. Am éischten Deel ginn ech nach méi am Detail op de makroökonomesche Kontext an, an dee sech dës PSC aschreift. Am zweeten Deel ginn ech op d'Zuelen an op d'Eckwäerter vum PSC an.

D'lescht Woch war ech zu Washington op de Spring Meetings vum Fonds monétaire international, dem FMI, an der Weltbank. Ech hat do d'Méiglechkeet, fir mat enger ganzer Rei vu Leit Echangingen ze hunn, mat mengen Homologen an och mat de Responsabele vum FMI a vun der Weltbank.

Den allgemenge Konsens ass, dass d'Perspektive fir déi nächst Joren éischer schlecht an d'Onsécherheete grouss sinn, dat souwuel um geopolitesche wéi och um ekonomesche Plang. D'Kristalina Georgieva, Generaldirektesch vum FMI, rechent mat engem groussen Réckgang vun der Croissance fir d'Weltwirtschaft. Fir Lëtzebuerg huet den FMI seng Prognos ëm ganzer zwee Prozentpunkten erofgeschraaft.

Wéi gesäit et an der Eurozon aus? Wéi geet et an der Eurozon weider?

An der Eurozon gouf et fir d'Joer 2021 e Wuesstum vu 5,1 %. Virun der russescher Invasioun sinn dofir déi allermeeschten Ekonomisten am Fong dervunner ausgaangen, dass d'Normaliséierung um sanitäre Plang sech weider positiv op d'Wirtschaftsentwécklung géif auswirken.

Et war een och dervunner ausgaangen, dass d'Enkpäss an de Liwwerkette sech kéinten opléisen an den Inflationsschrock mat der Zäit géif erofgoen. An anere Wierder, d'gesamtwirtschaftlech Tendenzen hunn endlech erëm an eng positiv Richtung gewisen. De Konflikt an der Ukrain huet dës positiv Dynamik op eng brutal Aart a Weis ofgebremst.

De Krich féiert elo schonn zu grössere Verwerfungen, a virun allem bei de Matières premières, soudass d'Energiepräisser weider op engem héijen Niveau riskéieren ze bleiwen. Och d'Präisser fir d'Agrarprodukten an d'Metaller si staark geklommen. Dëst alles verstärkt d'Inflatioun a belascht de Menagen hir Kafkraaft. Ouni déi néideg Previsibilitéit di sech d'Chef-d'entreprise méi schwéier ze investéieren an och nei Aarbechtsplazen ze kreéieren.

Och op de Finanzmäert wäert d'Nervosität sech breetmaachen, mécht sech scho breet. D'Volatilitéit bleift héich, wat net derzou bäidréit, Vertrauen ze schafen.

Wéi ass d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg? D'lescht Joer war vun enger staarker Reprise gepräagt. De PIB ass ëm bal 7 % geklommen. Fir dëst Joer gesäit de Statec elo eng däitlech Verschlechterung. Eigentlech war een nach vun engem Wuesstum vun 3,5 % ausgaang, elo schrauft de Statec seng Previsiounen op 1,4 % erof. 2023 géif de PIB erëm 2,9 % wuessen a sech dann déi nächst Joren op engem änlechen Niveau halen.

Wat d'Inflatioun ugeet, rechent de Statec mat 5,2 % fir dëst Joer. Dës Schätzung hält och de positiven Impakt vun de Mesurë vum Solidaritéitspak mat en compte. Fir d'nächst Joer soll d'Inflatioun op 1,6 erofgoen.

Den Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg géif trotzdem nach weider dynamesch bleiwen. Hei geet de Statec vun enger Croissance vun 2,4 % fir dëst Joer aus. Mëtelfristeg wäert d'Croissance hei bei 2 % leien.

Lëtzebuerg wäert also trotz de méi schlechten Ëmstänn weider Aarbechtsplaze schafen. De Chômageaux géif deementspreechend weider falen. Ech mengen, dat ass eng ganz gutt Nouvelle.

Wéi sinn d'Perspektive fir déi Joren drop? D'wirtschaftlech Situatioun wäert zum groussen Deel vun der Entwécklung vum Krich an der Ukrain an de weidere geopoliteschen a wirtschaftleche Repercussiounen ofhänken, mee dat ass net deen eenzege Facteur, dee spillt. Och wa bei ons d'Pandemie duerch déi héich Impftauxen ëmmer ënner Kontroll bleift, ass se um globalen Niveau nach laang net eriwier. Jiddereen huet d'Biller vum Lockdown zu Shanghai gesinn. Wat d'Konsequenzen op déi global Produktiouns- a Liwwerkette wäerte sinn, dat bleift effektiv nach ofzewaarden.

Weider muss mir d'Reforme vum internationale Steuersystem am Beräich vun der Gesellschaftsbesteuerung am Bléck halen. Lëtzebuerg ënnerstëtzt dës Beméiungen ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Här Halsdorf, vläicht e bësse méi lues! Da géifen déi aner, déi hei wëllen nolauschten, och eppes verstoen. Et versteet een Iech zu Momenter besser hei uewe wéi d'Riednerin um Pult!

**Plusieurs voix** | Merci, Här President.

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** | Domadder ass den Här Roth elo méi no bei mech komm.

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen, Président** | Jo, genau, souguer den Här Roth huet net méi gutt héieren do, genau, soudatt hee méi no bei d'Riednerin komm ass.

(Hilarité générale)

**Une voix** | Très bien!

**Une autre voix** | Félicitatioun un den Här Roth.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci fir d'Versteedemach, Här Halsdorf.

**Une voix** | Soulaang den Här Roth net méi no riets kënn.

(Brouhaha)

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** | Weider muss mir d'Reforme vum internationale Steuersystem am Beräich vun der Gesellschaftsbesteuerung am Bléck behalen. Lëtzebuerg ënnerstëtzt dës Beméiungen, mee de konkreten Impakt op eis Wirtschaft kann de Moment kee genau virausgesinn.

D'Situatioun, virun där mir stinn, ass deemno gepräagt vu vill Onsécherheet a weeneg Previsibilitéit. Dëst dierf ons awer net dervunner ofhalen, weiderhin ons Investissementer héichzehalen. Éffentlech Investissementer sinn a bleiwen e weesentleche Pilier vun der Budgetpolitik vun der Regierung, éischters, fir esou séier wéi méiglech aus der Kris erauszekommen, an zweetens, fir onst Land op d'Zukunft virzubereeden.

D'Klima- an d'Energietransitioun ware fir dës Legislaturperiod an och fir déi virdrun eng Prioritéit vun der Regierung. De Krich an der Ukrain weist, dass de Sujet méi dréngend ass wéi jee. Hei misste mir net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee an der ganzer Unioun a sécherlech och weltwäit déi néideg Efforte maachen. Dat ass och d'lescht Woch a menge Gespréicher bei de Spring Meetings zu Washington ëmmer erëm ënnerstrach ginn.

Mat engem Invest vun op d'mannst 3 Milliarde pro Joer oder iwwer 4 % vum PIB bleift Lëtzebuerg e Virreider an Europa an investéiert massiv an den Ëmwelt- a Klimaschutz, an d'Mobilitéit, an de bezuelbare Wunnraum, an d'Santé an an d'Education.

Dës Prioritéite sinn och reflektéiert an der nationaler Ëmsetzung vum europäesche Plan pour la reprise et la résilience, kuerz gesot PRR. Dës Plang besteet aus enger Panoplie u Reformen an Investitiounen, déi eis Wirtschaft a Gesellschaft méi nohalteg a méi resilient opstellen a besser op déi gréng an op déi digital Transitioun virzubereeden.

Am PNR, dem Programme nationale de réforme, deen de Wirtschaftsminister presentéiere wäert, fannt Dir dëst Joer fir d'éischte Kéier e Kapitel, dat eng Bestandsopnam vun Lëtzeburger PRR mécht. Et ass esou, dass fir all eenzelne Projet, deen am PRR opgeléicht ass, all Land muss eng Rëtsch vu sougenannte „milestones and targets“ erfëllen, fir dass déi europäesch Gelder och fléissen. D'Aarbechte sinn hei um ganz gudden Wee. Iwwert d'Hallschent vun dësen „milestones and targets“ sinn erreecht respektiv amgaang finaliséiert ze ginn. Un deenen anere schaffe mer nach, fir se alleguer am Laf vun dëser Period 2022-2026 ze erfëllen.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech géif Iech dann elo d'Eckwäerter vum PSC presentéieren.

Wann Der erlaabt, fänke mir beim Zentralstaat un. Wann ee sech d'Zuele fir den Zentralstaat ukuckt, da stellt een als Éischt emol fest, dass d'Staatsfinanze sech d'lescht Joer ganz staark erholl hunn. 2021 schléisst den Zentralstaat nämlech mat engem Defizit

vun nëmmen nach 326 Milliounen Euro of, während de Budget fir dat selwecht Joer vun engem Defizit vun 2,7 Milliarden Euro am Fong ausgaangen ass.

Et hätt een eigentlech kënnen dervunner ausgoen, dass dës positiv Tendenz sech weiderentwéckelt hätt. Mam Krich an der Ukrain huet sech dat ganz ekonomesch Ëmfeld awer, wéi gesot, gedréit.

D'Recettë verléieren éischters un Dynamik, well d'Konjunktur den Otem verléiert. Zweetens wäerten d'Mesurë vum Solidaritéitspak an och dem Energiedesch e weesentlechen Impakt op eis Staatsfinanzen hunn.

Stand haut gi mir dervunner aus, dass de Sold vum Zentralstaat dëst Joer bei minus 1,6 Milliarden Euro leie wäert. Dat ass eng Verschlechterung par rapport zum Budget vun dësem Joer. Iwwert d'Lafzäit vum PSC gesäit een eng progressiv Verbesserung vum Sold vum Zentralstaat. D'Richtung stëmmt also, mee mir musse virsiichteg bleiwen: Mir hunn awer iwwert déi ganz Period weider en Defizit.

De Gemengesector huet 2021 en Iwwerschoss vu ronn 70 Milliounen Euro ausgewisen. Laut dem PSC géif dee Sectors d'nächst Joer mat engem Sold vu knapp 200 Milliounen Euro ofschléissen an déi Joren duerno och weiderhin am Plus bleiwen.

Bei der Sécurité sociale gëtt dëst Joer e Plus vun 900 Milliounen Euro erwaart. Dat ass änlech wéi 2021. D'nächst Joer géif dësen Iwwerschoss erofgoen, an zwar op 745 Milliounen Euro. D'Chifferen aus dem PSC entsprechen deenen aus dem Rapport vun der IGSS, déi de Minister Haagen, deen haut och hei ass, gëschter presentéiert huet. Se confirméieren, dass mëttelfristeg den Trend no ënnen weist. Dat ass haaptsächlech doduerch ze erklären, dass den Emploi manner staark wissst an d'Cotisationsen an Zukunft manner séier klamme wéi d'Depensen.

Wéi gesäit d'Bild dann elo fir de Gesamtstaat aus, wou d'Zuelen aus dem Zentralstaat, der Sécurité sociale an de Gemengen alleguerde beieneekommen? Och hei stellt een als Alleréischte emol fest, dass eng staark Verbesserung am Joer 2021 war. D'ëffentlech Recettë klammen zesummen ëm bal 13 %, während d'Depensen ëm nëmmen 2,4 % gewuess sinn am Verglach mam Krisenjoer 2020.

Duerch dee positive Schéiereffekt huet de Gesamtstaat d'lescht Joer mat engem Plus vu 650 Milliounen Euro respektiv plus 0,9 % vum PIB ofgeschloss. Dat ass dat bescht Resultat an der Eurozon.

Wéi ech scho virun erklärt hunn, wësse mer, dass et dëst Joer wäert anescht sinn. Fir 2022 rechne mer am Gesamtstaat mat engem Minus vu knapp iwwer enger hallwer Milliard Euro. Schonn d'nächst Joer géif den Defizit erëm liicht ofgebaut ginn an da bis 2026 progressiv un den Equilibre erukommen.

Ech kommen elo op d'Staatsschold ze schwätzen. Déi negativ Auswirkung vum deene successive Krisen spigelt sech natierlech och um Niveau vun der Staatsschold erëm. Lëtzebuerg huet haut déi zweetniddregst Schold an Europa. Ouni de Krich an der Ukrain hätte mer an deenen nächste Joren d'Schold och weider progressiv eroffuere kënnen. Vu déi héich Depensen, déi eis hëllefen, duerch dës nei Krisen ze kommen, wäert dat elo awer net méi esou séier méiglech sinn.

Esou wéi ech dat d'lescht Woch a menge Gespréicher zu Washington und ganz gutt feststelle konnt, ass Lëtzebuerg iwwerengs net eleng an dëser Situatioun.

Ons Staatsschold wäert d'nächst Joer an absoluten Zuele bei 20,8 Milliarden Euro leien a bis 2026 op 23,7 Milliarden eropgoen. Dobäi dierf een awer net vergiessen, dass och eis Wirtschaftsleeschung all Joer

klëmmt, op iwwer 90 Milliarden am Joer 2026 laut Statec, soudass par rapport zum PIB d'Staatsschold sech iwwert déi ganz Period ronderëm 26 % stabiliséiere wäert.

Domadder leie mer zu all Moment ënnert dem Plafong vun 30 %, déi am Regierungsprogramm festgehale sinn, a mir leien och wäit ënnert de 60 %, déi an den europäeschen Texter virgesi sinn.

Dat sinn iwwerengs keng abstrakt Limiten, mee konkret Referenzen, un deene Lëtzebuerg och international gemooss gëtt.

Nëmmen wa mer d'Schold par rapport zum PIB weider am Griff halen, kënnen mer dervunner ausgoen, dass d'Ratingagence Lëtzebuerg och an Zukunft den Triple-A mat stabiler Perspektiv confirméiere wäerten.

Ech wëll och dorobber hiweisen, dass d'Zäiten, an deenen d'Länner sech konnten zu negativen Zësen refinanzéieren, op en Enn komm sinn. Mir mussen eis also drop stellen, dass deen nächsten Emprunt, deen d'Tresorerie wäert ophuelen – an dat kéint nach virum Summer de Fall sinn –, erëm positiv Zësen wäert kaschten.

Ier ech dann zu menger Konklusioun kommen, wëllt ech Iech nach e puer Wuert iwwert den europäesche Kader soen.

D'Reegele vum Stabilitéitspakt sinn zënter 2020 ausgesetzt. Och fir 2022 gëllt weiderhin de Prinzip, dass d'EU-Memberstaaten alles solle maachen, fir d'Post-Covid-Relance ze stäipen.

Gläichzäiteg lafen d'Gespréicher am Eurogrupp an och am ECOFIN, fir de Stabilitéitspakt ze reforméieren a besser op d'Defie vum 21. Joerhonnert unzepassen. Lëtzebuerg ënnerstëtzt dës Beméiungen, fir d'Budgetsregelen ze iwwerdenken.

Och op dësem Punkt huet de Krich den Echeancier total op d'Kopp gestallt. Éischters ass et net kloer, ob d'Reegele fir 2023 weider sollen ausbleiwen. Zweetens gëtt et bis elo nach keng konkret Reformproposen vun der Europäescher Kommissioun.

Lëtzebuerg bleift awer senger traditioneller Linn treu. Mir halen d'Reegele schonn 2023 erëm komplett an, also vun deem Zäitpunkt un, wou de Stabilitéitspakt theoreetesch nees kéint spillen. Dat heescht konkret, dass de sougenannte „Objectif budgétaire à moyen terme“, den OMT, 2023 integral respektéiert gëtt, esou wéi dat am Regierungsprogramm och virgesinn ass.

Ech wëll och ënnersträichen, dass duerch dës PSC den Niveau vum OMT nei fixéiert gëtt, an zwar op 0 %. Lëtzebuerg huet sech dobäi, esou wéi d'Regierung dat och ëmmer gemaach huet, un dee Minimalwäert gehalen, deen d'Kommissioun virgerechent huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, mir hunn d'Pandemie nach net ganz hannert eis a mir hunn et gläichzäiteg mat enger Rekordinflation a mat engem brutale Krich an Europa ze dinn. Doriwwer eraus dierf mer d'Klimakris an déi gesellschaftlech Erausforderungen, och déi vun der Digitalisatioun zum Beispill, net vergiessen.

An esou enger Situatioun ass et fir mech als Finanzministesch wichteg, eng duerchduecht a responsabel Budgetpolitik ze maachen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Responsabel sinn, dat heescht, an dëser Situatioun net esou maachen, wéi wann alles beim Ale wär.

Maache mir eis näischt vir: Kee Mënsch ka soen, wéi et an den nächste Méint wäert weidergoen an der Ukrain a wat déi laangfristeg Konsequenzen vun dësem brutale Krich wäerte sinn. Dofir brauche mer Spillraum.

Responsabel sinn, dat heescht, gewëssenhaft mat de Steiergelder ëmgoen, net dervunner ausgoen, dass d'Recetten an den Himmel wuessen, an oppassen, dass mir d'Depensen am Griff behalen.

Responsabel sinn, dat heescht, derfir ze suergen, dass aus enger geopolitischer Kris net eng déif Wirtschaftskris gëtt. Dat heescht, déi néideg Mesuren huelen an Hëllef bereetstellen, fir d'Entreprise kompetitiv ze halen an Aarbechtsplazen ofzesécheren. Dat ass extreem wichteg.

Responsabel sinn, dat heescht, de Mënsch an de Mëttelpunkt stellen, d'Kafkraaft erhalen, dat soziaalt Netz weider stärke mat cibléierten Hëlfe, fir déi Leit ze ënnerstëtzen, déi et am meeschte brauchen, genaueso, wéi mer et och am Solidaritéitspak virgesinn hunn.

**Une voix** | Ganz gutt!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Responsabel sinn, dat heescht fir mech virun allem, d'Zukunft virzubereeden. Dofir hält d'Regierung och déi nächste Joren d'Investitiounen ganz héich, besonnesch am Beräich vun der digitaler a vun der grénge Transitioun, fir dass och laangfristeg, esou wéi de Programm et seet, d'Stabilitéit an d'Croissance zu Lëtzebuerg garantéiert sinn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Finanzministesch, der Madamm Yuriko Backes. Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vun der Finanzministesch.

A mir héieren elo den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot, fir eis d'Presentatioun vum nationale Reformprogramm PNR ze maachen. Här Wirtschaftsminister Franz Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**Présentation du programme national de réforme (PNR)**

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Merci, Här President. Léif Deputéierten, et ass mer eng Freed, de Mëtten hei de PNR virzestellen, wat jo kee ganz lëschteng an digest Dokument ass. Ech hunn an der Chamberskommissioun gesot, dass et kee „Lustiges Taschenbuch“ ass, dat heescht, et ass net flott ze liesen, och net als Bettlektür, ausser et wëllt ee schnell aschlofen. Mee duerfir maachen ech Iech elo hei den Exposé a wann Der mer dann e bëssen nolauschert, da braucht Der et och net ganz ze liesen, dann hutt Der e gudd Resümee dervunner.

*(Brouhaha et hilarité)*

Léif Deputéiert, ech brauch net vill ze soen iwwert d'Grosswetterlag an der Wirtschaft, d'Yuriko Backes huet dat scho gemaach, mee Dir wësst awer, dass mer – an dat ass och vill an der Tripartite thematiséiert ginn –, obwuel mer 2021 eng staark Croissance hatten, ëm déi 7 %, wat jo och e Rebond war par rapport zu 2020, dem Joer vun der Pandemie an och en historesch niddrege Chômage hunn zurzäit dat 4,8 %, wat esou niddreg ass wéi säit 2008 net méi, trotzdem ganz vill schwaarze Wolleken um Himmel hunn.

Mir hunn de 24. Februar mam Ausbroch vum Krich an der Ukrain ganz vill weider Incertituden an eiser Wirtschaft. Mir hunn Energiepräisser, déi nach eng Kéier méi staark an d'Luucht gaange sinn, wéi dat scho säit September 2021 de Fall war. Mir hu Liwwerketten, déi komplett ënnerbrach gi sinn. Mir hunn eng ganz Partie Matière-première, déi aus der Ukrain an aus Russland kommen, déi net méi erbäikommen: Metaller, Matière semi-produite, -finie, an esou weider. An alles dat bréngt mat sech, dass mer ganz vill Unsécherheet an och ganz vill Volatilitéit hunn. Duerfir ass et extreem



schwéier, haut virauszesoen, wéi d'Wirtschaft wäert evoluéieren iwwert déi nächst Méint an och nach méi schwéier fir virauszesoen, wéi dat iwwert déi nächst Joer wäert evoluéieren.

De Statec seet eis fir dëst Joer eng Croissance virus vu just nach 1,4 %. D'nächst Joer ass scho bal wéi an enger Kristallball liesen, mir schwätzen dann erëm vun enger méi héijer Croissance. Mee ech mengen, alles dat steet nach an de Stären. Do hânt et ganz, ganz vill dervunner of, wéi dee Krich do wäert evoluéieren, wéi laang en dauert a wat fir eng Onsécherheeten an Disruptiounen en nach mat sech bréngt.

Dobäi kënnt och, dass d'Pandemie natierlech nach net fäerdeg ass. Dir gesitt alleguerten, wat de Moment a China amgaang ass ze passéiere mat Lockdownen, ganz staarke Lockdownen zu Shanghai, elo zu Beijing, déi eng ganz Stad betreffen an déi natierlech och ganz vill Konsequenze mat sech bréngen, net nëmmen, wat d'Produktioun ugeet a China, déi industriell Produktioun, awer och, wat d'dauerhaft Presenz vu westleche Betriber, iwwerhaapt d'westlech Presenz a China ugeet. An alles dat wäert natierlech och Konsequenzen hunn op d'Entwécklung vun dëser extreem wichteger Ekonomie a wäert natierlech och Repercussiounen hu fir eis hei an Europa.

Här President, vläicht e puer Wuert zum Kalenner, an hei gëtt et dann elo direkt schonn e bësse méi dréchen. Ech mengen, et ass awer wichteg, fir dat nach eng Kéier ze rappeléieren. Mir si jo hei am Semestre européen. Dat Ganz fänkt un am November vun all Joer. Dat war d'lescht Joer och de Fall, wou d'Europäesch Kommissioun eng nei Editioun presentéiert huet vun hirem „Examen annuel de la croissance durable“, dee sech dann och an d'Kontinuitéit vun der Kommissioun hirer Strategie fir en dauerhafte Wuesstem ageschriwwen huet, deem 2020 eng éischte Kéier verëffentlecht gouf.

D'Kommissioun verfollegt hei véier grouss Prinzippien, wann et drëm geet, fir en dauerhafte Wuesstum an och eng dauerhafte Kompetitivitéit vun Europa ze erzielen. Dat ass éischstens d'Ëmweltnohaltegkeet, zweetens d'Produktivitéit, drëtzens d'Équitéit, dat heescht u sech d'Gläichheet a véiertens déi makroekonomesch Stabilitéit. Déi véier Prinzippie spille mateneen, wa mer gären eng nohalteg Kompetitivitéit an eng nohalteg Entwécklung vun Europa hätten.

Et sinn natierlech och eng Rei Modifikatiounen am Semestre européen, déi doduerch kommen, dass mer no der Pandemie sinn, dat heescht, dass mer déi ganz Dimensioun vun der Facilité pour la reprise et la résilience dran hunn, wou d'Yuriko Backes jo och schonn drop agaangen ass, wat sech jo dann an de Länner duerch e Plan de résilience et de relance iwwerdréit. Dat ass am Häerz vum Next-Generation-EU, Europa sengem Plan de relance, fir aus der Pandemie erauszekommen. Bei eis wësst Der, dass dee Pak ëm déi 98 Milliounen Euro staark ass, an am Plan national de réforme ass en État des lieux, wou mer dru si mat der Ëmsetzung vun eise Programm de reprise et de résilience.

An deem Paquet d'automne ass entre autres e Rapport iwwert de Mécanisme d'alerte. Dat ass e Rapport iwwert déi grouss makroekonomesch Desequibleren, déi e Land méiglecherweis huet. An do huet d'Kommissioun eis u sech bezeit, dass mer um Ufank vun der Kris vu Covid-19 keng grouss makroekonomesch Desequibleren hatten, dass mer awer trotzdeem Risiken hunn a gesinn, déi liiert sinn un den héije Wuessstum vun de Präisser am Logement, an awer och déi héich Verschëldung vun de Menagé bei eis am Land. Dat si Risiken, wou se eis soen, dass se elo nach eng Kéier an d'Luucht gaange sinn. Dat heescht, dat sinn

also Saachen, op déi mer gutt oppasse mussen. An ech kommen och nach duerno bei deene verschiddene Politikfelder dorobber ze schwätzen. Et sinn also e puer Neiegkeeten, an dësem Semestre européen par rapport zu deem, wat Der vu viregte Jore kennt. Dat huet, wéi gesot, mat der Pandemie ze dinn an dat huet eeben och mat deem Next-Generation-EU-Pak ze dinn.

Wat sinn déi Modifikatiounen? Maja, dat ass, wéi scho gesot, engersäits dee Rapport iwwert d'Plans nationaux pour la reprise et la résilience, deem elo agebaut ass an de Semestre européen. Dat sinn zweetens awer och eng Partie nei Saachen, déi dra sinn, besonnesch de Socle social, deem och elo am PNR mat dran ass, wou mer och mussen e Plang ausschaffen. An da wäert och de Kalenner sech e bësse verréckelen, well déi Recommandations par pays, déi mer vun der Kommissioun um Enn vum Semestre européen kréien, déi wäerten dëst Joer eréischt Enn Mee kommen an net, wéi déi Jore virdrun, scho méi fréi am Joer, am Ufank vum Joer, mat de Recommandations par pays. Dat ass also no hanner verréckelt ginn.

Mir hunn also an dësem Semestre européen eppes gemaach, wat ech och gären hei wëll ënnersträichen, wat mer immens wichteg ass: Mir hunn e Sozialdialog organiséiert am Kontext vun dësem Semestre européen. Mir hate bis elo dräi Reuniounen mat de Sozialpartner a mir wäerten nach eng véiert Reunioun am Juni hunn.

Déi dräi Reuniounen, firwat hu mer dat gemaach? Majo, mir hunn et gemaach, well mer effektiv eng gewësse Frustratioun bei de Gewerkschaften an och beim Patronat gesinn hunn, well déi Recommandatiounen, déi se gemaach hunn, notament am Kader vum Conseil économique et social, do hate se d'Impressioun, dass mer ni richtig drop agaange sinn. Dofir hu mer den 23. Februar dëst Joer eng éischt Reunioun gemaach, fir de Kader eng Kéier ze presentéieren an och de Sozialpartner deem neie Kalenner eng Kéier virzustellen.

Dunn hu mer den 1. Abrëll 2022 eng zweet Reunioun gemaach, direkt no der Tripartite, an der Woch, wou mer u sech d'Tripartite ofgeschloss hatten, fir mat hinnen zesummen op déi Froen anzegoen, déi se a vergaangene Positiounen, a vergaangenen Exercicen à l'endroit vun der Regierung formuléiert hunn. Dat ass eng Reunioun, wou mir als Regierung eng Presentatioun gemaach hunn a wou d'Sozialpartner op déi verschidden Theeme mat hiren Observatiounen geäntwert hunn. An ech muss soen, dat war e ganz gudden Dialog, dat war eng gutt Diskussioun, wou d'Sozialpartner eis och gesot hunn, dass se der Meenung waren, dass se eescht geholl goufen. An déi Diskussioun fannt Der och erëm am PNR. Ganz am Ufank, direkt hannert der Introductioun, ass e Kapitel iwwert den Dialogue social, wou op e puer Säite resuméiert ass, wat do bei deene Gespréicher erauskomm ass.

Dunn hate mer elo nach dës Woch, also gëschter, eng drëtt Reunioun, wou mer hinnen och de PNR an de PSC kuerz presentéiert hunn an och erëm eng Kéier eng Diskussioun mat hinnen hatten.

A mir wäerten eng véiert Reunioun hunn am Juni, fir do eebe méi vorausschauend mat hinnen op d'Recommandatiounen vun der Kommissioun ze kucken, fir zesummen ze analyséieren, wat d'Kommissioun eis am Fong recommandéiert ze maachen, an dann eeben och do méiglecherweis méi prospektiv mat de Sozialpartner no gemeinsame Léisungen ze sichen oder fir gemeinsame Reformen e bëssen auszeloten.

Ech mengen, dat ass e Sozialdialog, dee seriö ass, deem also lieweg ass hei am Kontext vum Semestre européen. Ech mengen, dat ass och eng gutt Schabloun fir déi kommend Joren.

Wéi ass dee PNR do also opgebaut? Bon, wéi gesot, de PNR ass am Fong kee spannend Dokument an där Hisiicht, dass en nei Saachen diskutéiert. Et ass en Dokument, gradeso wéi de PSC, dat no hanner kuckt. Dat heescht, de PNR mécht de Bilan, an dofir huet e kee ganz gudden Numm. Do misst een och vläicht eng Kéier driwwer nodenken. De Programme national de réforme ass eppes, wat réckbléckend ass, wat u sech och eng Aart Reporting ass, e Rapport, deem een un d'Kommissioun mécht, fir der Kommissioun ze soen: „Dat heiten hu mer als Äntwert op Är Recommandatiounen vun deene vergaangene Joren gemaach.“ An do ginn eng ganz Rei Saachen dran analyséiert.

Dat ass éischstens, wéi gesot, den État des lieux, de Reporting iwwert déi Projets de réforme oder Investissementsprojeten, déi am PRR stinn, déi 98 Milliounen, déi fir Lëtzebuerg am NextGenEU erausgespronge sinn. Dann zweetens och politesch Äntwerten op déi grouss ekonomesch a sozial Defie vu Lëtzebuerg. Drëtens eng Partie iwwert de Socle européen des droits sociaux. A véiertens en État des lieux iwwer eng Partie Objectifs de développement durable, ODDen. Dat si fénnef Objectifs de développement durable, déi mer hei zu Lëtzebuerg als ganz relevant gesinn hunn, vun deene 17, déi jo an der Agenda 2030 vun der UNO am Fong als Zilsetzung fir d'ganz Welt identifizéiert goufen.

Trotz der Pandemie an dem Krich an der Ukrain ass et esou, dass déi Recommandatiounen, déi 2019 bis 2021 gemaach goufen, nach ëmmer pertinent sinn.

Wat sinn also déi grouss Defien, déi mer gesinn an déi mer och am PNR dës Kéier thematiséiert hunn? Majo, dat sinn der am ganze 15 un der Zuel. Déi kann ech lech och kuerz enumeréieren.

Dat sinn:

1. déi laangfristeg Nohaltegkeet vun eisen ëffentleche Finanzen, besonnesch vum Pensioussystem, e ganz aktuell Thema am Claude Haagen sengem Rapport, deem e gëschter presentéiert huet,
  2. de Kampf géint déi aggressiv steierlech Planifikatioun,
  3. de Kampf géint de Blanchiment vu Geld a géint de Finanzement vun Terrorismus,
  4. d'Reduktioun vun den Obstakelen zu der Konkurrenz,
  5. en Investissement vun den Entrepreneuren,
  6. d'Innovatioun bei den Entrepreneuren,
  7. d'Digitalisatioun, besonnesch am Privatsecteur a bei den Entrepreneuren,
  8. déi progressiv Dekarboniséierung vun eiser Ekonomie
  9. den Transport an d'Mobilitéit,
  10. déi propper an effizient Energienotzung.
- An elo sinn ech amgaangen, mech ze verzielen:
11. d'Wunnengspolitik,
  12. d'Augmentatioun vum Taux d'emploi vun den eeleren Aarbechter,
  13. d'Attenuatioun vum Impakt vun der Kris op den Emploi,
  14. de Shortage vu Leit mat Kompetenzen, dat heescht, de ganzen Theemeberäich vun den Talenter,
  15. d'Resilienz vum Santéssystem, wou mer jo alleguerten gesinn hunn an der Pandemie, wéi wichteg déi ass.

Ech géif elo gären op e puer Punkten méi am Detail agoen, déi mer och am PNR als Äntwerten op déi verschidde Recommandatiounen do formuléiert hunn.

Deen éischte Punkt, dat ass dee vun der grénger Transitioun. Déi Haaptäntwert, déi mer do ginn, dat ass, dass mer am Fong e ganz héijen Invest an alles

maachen, wat Klima- an Ëmweltschutz ass. Mir gesinn, dass mer 24,2 % vun eise gesamtëffentlechen Invest fir 2022, also 765 Milliounen Euro, investéieren an de Klimaschutz an an de Schutz vun der Ëmwelt. Do sinn dräi Theemeberäicher besonnesch relevant.

Deen Éischten, dat ass alles, wat d'Mobilitéit an den nohaltegen Transport ugeet. Do kann een d'Strategie MoDu 2.0 nennen. Et kann een awer och de gratis ëffentlechen Transport nennen, dee säit dem 1. März 2020 en vigueur ass. Et kann een awer och de Projet de loi fir de Régime d'aide nennen, fir Entreprises ze incitéieren, elektresch Bornen an den Entreprises ze installéieren, nennen, a finalement och de Régime d'aide „Clever fueren“.

Deen zweete Sujet am Beräich vun der Transition verte, dat ass dee vun der progressiver Dekarbonisatioun vun der Economie. Hei hu mer mam Haut-Comité pour l'industrie en Aarbechtsgrupp, dee sech spezifesch mat deem Thema do befaasst, à savoir: Wéi dekarboniséiere mer eis Industrie an eis Economie au sens large? Do ass och eng Etüd amgaang, gemaach ze ginn, wéi dat ka vustattegoen an do gëtt eng Feuille de route nationale ausgeschafft, fir d'Dekarbonisatioun vun der Industrie manufacturière. Dat ass natierlech net nëmmen e Sujet fir Lëtzebuerg, mee e Sujet fir ganz Europa an och fir d'ganz Welt, wou mir eis natierlech och heiheem ganz kloer dermadder beschäftegen.

Dann ass et de Pacte climat pour entreprises, dee wäert kommen an eng Strategie fir d'Kreeslafwirtschaft, déi mer d'lescht Joer mam Energieminister an och mat der Ëmweltministesch virgestallt hunn, fir eeben hei zu Lëtzebuerg déi Kreeslafwirtschaft opzebauen an ewechzekomme vun där lineärer Economie, wou mer Saachen an der Produktioun verwenden, déi extreem ressourcenintensiv sinn a wou duerno alles am Endeffekt um Tipp lant. Mir wëssen, dass mer mussen dovunner ewechkommen a méi iwwer Kreesleef nodenken.

Den drëtten Punkt, dat ass dee vun der Produktioun vun erneierbaren Energien an och d'Notze vun deenen Energien. Do gëtt et véier Aktiounen, déi ee kann ervirsträchen. Dat ass éischstens d'Strategie hydrogène fir Lëtzebuerg, zweetens d'Verlängerung an d'Reorientierung vum Regimm PRIME House, drëtzens d'Révision à la hausse vun den Exigence fir d'Energieeffizienz vun de Gebäier an da schlussendlech och nach eng Partie Mesuren, déi am Kader vum Energiedësch geholl goufen.

En zweete Punkt, dee wichteg ass an där ganzer, an där duebeler Transitioun, an där mer ënnerwee sinn, dat ass dee vun der digitaler Transitioun. Och do sinn eng ganz Rei Saache geschitt. Mir hunn och do e ganz héijen Invest. 7,4 % vum totalen ëffentlechen Invest vum Land ginn an déi digital Transformatioun. Dat sinn 234 Milliounen Euro.

Hei kann een och eng Rei Saachen eraussträchen, obwuel mer do scho säit Joren amgaange sinn, och an der Suite vun der Rifkin-Strategie, wou mer jo eng ganz Digitalisatiounsinfrastruktur hei am Land opgebaut hunn, déi extreem performant ass. Mee do hu mer zum Beispill d'Programmer Fit 4 Innovation a Fit 4 Circularity vu Luxinnovation, déi d'Entreprises um Wee an d'Digitalisatioun an an d'Kreeslafwirtschaft begleeten.

Mir hunn awer och e Fong Digital Tech Fund, dee soll a Startuppen an an nei Entreprises investéieren am Beräich vum ICT. Dann hu mer d'Strategie „Ons Wirtschaft vu muer“, déi drop erausziilt, fir eng Datenökonomie opzebauen, mat allem, wat drunhänkt, och erëm eng Kéier mat Infrastruktur, awer natierlech och gekoppelt mat méi enger ëmweltfrëndlecher Economie.

Dann hu mer och eise Supercomputer, de MeluXina, deen d'lescht Joer an de Betrib gaangen ass an deen an engem europäeschen Netz vu Supercomputeren dran ass, dem EuroHPC.

Mir hunn awer och eng Stratégie nationale pour très haut débit, ultra haut débit, 2021 bis 2025 fir elektresch Kommunikatiounen. An da sinn och do eng Partie europäesch Projeten, bei deene mer matmaachen. Dat ass éischstens den IPCEI-CIS. Do geet et drëm, eng europäesch Cloud opzebauen. Cloud-Edge Continuum an Europa, dat ass ee vun deene groussen industrielle Projeten, déi Europa elo opgesat huet, och als Äntwert op d'Pandemie.

Dann hu mer och de GAIA-X, do si mer derbäi. Do geet et jo drëm, no der Invalidatioun vum „privacy shield“ och eng nei Infrastruktur opzebauen, déi konform ass zum RGPD. Och do si mer Chef de file, zum Beispill an der Santé am Kontext vun deem Projet GAIA-X.

An dann huet déi digital Transformatioun natierlech och ganz vill mat Formatioun a mat Educatioun ze dinn. An do gesi mer, dass mer en neie BTS an der Cybersecritéit opgebaut hunn, awer och en Digital Learning Hub, wou mer an der Berufsbildung nei Weeër ginn an och do Formatiounen ubidden, fir d'Leit eebe fit ze maache fir digital Aarbechtsplazen.

En drëtten Punkt, deen ech kuerz wollt uschwätzen, dat ass de Logement. Logement ass natierlech och ëmmer en Dauerbrenner an all PNR. Dat ass ëmmer eng Recommendation vum der Europäescher Kommission. Mir schwätzen oft heibannen iwwer Logement, iwwert d'Logementspolitik, wéi mer dee komplexe Problem do kënnen léisen. Mir wëssen alleguerten, dass et do kee sougenannte „silver bullet“ gëtt, keng eng Lösung derzou, mee nawell sinn eng Partie Saachen an deem Beräich gemaach ginn, fir op déi Recommendationen vum der Kommission ze äntwerten.

Mir hunn zum Beispill d'Gesetz vum 25. Februar 1979 iwwert d'Logementshilfe reforméiert. Mir hunn awer trotzdeem och eng Rei nei abordabel Logements locatifs gemaach mat ëffentleche Promoteuren, mat grouse Projete wéi zu Kielen Elmen, zu Diddeleng Neischmelz an och Wunne mat der Woltz. Mir maachen Efforten am Beräich vun der Mobilisatioun vu Bauterrainen. Mir hunn och en neie Pacte Logement 2.0 mat de Gemengen. Mir maachen Efforte géint d'Spekulatioun an och, fir d'Transparenz vun de Präisser um Locatiounsmarché ze verbessern.

Dann hu mer e Fonds spécial fir de Soutien au développement du logement gemaach. Mir hunn eis Participatioun an der Gestion locale sociale eropgesat a schlussendlech hu mer och eng Refonte gemaach vum Gesetz iwwert de Bail à loyer.

Mir wëssen alleguerten, dass et domat net gedoen ass, dass mer alleguerten zesammen, Staat, Gemengen, privat Baupromoteuren, nach mussen Efforte maachen, fir an där Logementsproblematik do weiderzekommen.

Bei der Santé sinn och eng Rei Saache geschitt. Mir hunn zum Beispill e Plan national de santé gemaach, fir déi grouss Linnen ze fixéiere fir d'Evolutioun vum Santéssystem bis 2030.

Mir hunn en Observatoire de la santé, deen opgesat ginn ass. Mir hunn och eng Agence luxembourgeoise du médicament, déi hei bei eis amgaangen ass, geschaaft ze ginn, e laangjäreg Besoin. Mir sinn och ënnerwee an der Digitalisatioun vum eise Santéssystemer. An dat ass eng ganz spannend Intersectioun zwëschen der Santé an der Economie, wou mer gesinn, dass e ganz neit Feld entsteet, wou d'Patientendate gebraucht a benotzt kënnen gi fir méi eng personaliséiert a

méi eng performant Medezinn. Do si se an Däitschland ënnerwee mat deenen digitalen Apps, déi e bësse wéi Medikamenter fonctionéieren. An do gëtt et, wéi gesot, en extreem Potenzial, wou och elo zu Lëtzebuerg, mengen ech, all d'Acteuren alignéiert sinn, fir wierklech an déi Richtung do ze goen. Bei eis huet dat natierlech och e Boost kritt beim Suivi vun der Pandemie iwwert déi leschten zwee Joer, dat ass ganz kloer.

Dann hu mer och nach eng Partie zousätzlech Ressource mobiliséiert, fir e Plan d'action en cas de pandémie ze maachen. Mir hunn eng Centrale nationale d'achat et de logistique opgesat fir Ekipementer a Produiten am Beräich vun der Santé. Mir hunn och eng Refonte an eng Aktualiséierung vun de Missiounen an den Attributiounen vun de Santéprofessionellen an och eng Reform an der Formatioun vu Santéprofessionellen gemaach.

A schlussendlech dann e Projet, dee mer och ganz staark um Häerz läit, dat ass d'Kreatioun vun engem Campus, dee wierklech fir Technologien aus der Santé dedéiert ass. Dat ass de Campus HEAL, deen an e puer Joer zu Esch entstoe wäert.

E lescht Politikfeld, wat ech nach wollt hei ernimmen a kuerz drop agoen, dat ass dat vun der Educatioun a vun de Kompetenzen. Mir wëssen, dass, wa mer gär déi Economie bauen, déi mer amgaange sinn ze bauen, also eng, déi extreem innovativ ass, déi an d'Digitalisatioun geet, déi méi gréng a méi nohalteg gëtt, wou et ëm ganz héich Valeurs ajoutées geet, da brauche mer staark Kompetenzen an da brauche mer och eng Educatioun, déi fonctionéiert.

Och do sinn eng Rei Reformen an deene leschte Joren geschitt, ugefaange mat der Diversifikatioun vun der Schouloffer. Mir hunn eng Partie nei Parcours mat Sproochesektiounen, déi méi un déi ganz verschidde linguistesche Profiler hei bei eis am Land adaptéiert sinn. Mir hunn doriwwer eraus och deen traditionellen Schoulsystem reforméiert doduerch, dass mer méi an nei Sektione geschaf hunn, wéi zum Beispill déi nei Sektione N a P.

Mir hunn och nei Berufsformatiounen agefouert mam Diplôme de technicien an dem Diplôme d'aptitude professionnelle, den DAP op Englesch.

Doriwwer eraus hu mer och en neie Cours Digital Sciences agefouert, dee säit September 2021 an all den ënneschte Klasse vum Secondaire classique a général agefouert gouf. Mir hunn och de Lifelong Learning relancéiert mat der Université populaire, déi sech un de Grand public adresséiert. A mir hunn och eng ganz Rei Mesuren am Kader vum Skills-Dësch, dee vum fréieren Aarbechtsminister zesumme mam Educatiounsminister lancéiert gouf, no där éischter Tripartite am Juli 2020, och schon als Äntwert op d'Pandemie an déi Kris, déi doraus entstanden ass. An do sinn zum Beispill déi Programmer Future Skills a Skills-Plang, déi doraus erauskoumen.

Mir hunn awer och nach en neie Sockel an eise PNR, dat ass de Socle européen des droits sociaux. Do geet et u sech ëm e Plan d'action, deen nach an der Maach ass, deen nach net um Dësch läit, fir op déi dräi grouss Objektiv, déi d'EU sech fixéiert huet, ze äntwerten.

Dat heescht, dat ass éischstens en Taux d'emploi vun 78 % bis 2030. Mir wëssen, dass deen 2020 an der EU eréischt bei 71,7 % louch a bei eis bei 72,1 %.

Zweetens, den Taux de participation u Formatiounsaktivitéiten, wou en Taux vu 60 % cibléiert gëtt. Do si mer nach wäit vum Schoss. Dat waren 2016 an der EU 37 %. Do hu mer Efforten ze maachen.

An drëtzens dann d'Reduktioun vun deene Mënschen, déi vun Aarmut, Aarmutsrisiko oder sozialer Exklusioun



menacéiert sinn. Bei eis zu Lëtzebuerg sinn dat ëmmerhi fir 2019 nach 119.000 Leit, an an der EU 95 Milliounen. Do ass den Objektiv, fir dat ëm op d'mannst 15 Milliounen ze reduzéieren. Do ass, wéi gesot, um nationalen Niveau e Plan d'action, deen amgaang ass, ausgeschafft ze ginn. Eng éischt Versioun dovunner gëtt et. Déi ass elo op Bréissel bei d'Europäesch Kommissioun geschéckt ginn. Do waarde mer eeben op de Retour, an dee misst awer an deenen nächste Méint dann och vum Aarbechtsminister kënne presentéiert ginn.

Do sinn awer elo schonn eng Rei Saache geschitt. Ech géif do gären als Beispill d'Integratioun an d'Aarbechtswelt vu Leit soen, déi en Handicap hunn, déi verbessert ginn ass. Mir hunn natierlech och d'Indexierung vum Kannergeld erëm agefouert, fir d'Kafkraaft vun de Famillje mat Kanner ze verbesseren. Mir hunn och d'Work-Life-Balance verbessert duerch d'Reform vum Congé parental a vum Congé de paternité, dee jo scho säit dem 1. Dezember 2016 en vigueur ass.

Mir hunn och d'Gläichheet tëschent Männer a Frae renforcéiert, zum Beispill duerch d'Gesetz vum 15. Dezember 2016. Do gëtt et ëmmer nach Ongläichheeten. Och do musse mer nach weider dru schaffen, mee do ass awer och scho munches geschitt. An dann och d'Afëierung vun enger Couverture universelle de soins de santé, fir dass d'Leit, déi net kënnen affiliéiert oder koaffiliéiert ginn, och kënnen Accès op Prestatiounen vun der Assurance maladie mat konventionéierten Associatiounen kréien.

Als leschte Punkt, Här President, géif ech just nach gär op e puer Objectifs de développement durable agoen, déi och PNR als besonnesch relevant fir Lëtzebuerg ervirgestrach ginn. Dat sinn der am ganze sechs un der Zuel.

Dat ass éischters den Objektiv 1: Pas de pauvreté. Och do gëtt am PNR ganz kloer gewisen, wat fir eng Lacune mer nach hunn, wou mer am europäesche Verglach viraus sinn a wou mer am europäesche Verglach e bëssen hannendrun hinken. Ech ginn elo net an den Detail, mee op deene sechs Punkte wëll ech awer e puer Beispiller gi vu Saachen, déi geschitt sinn iwwert déi leschte Joren.

Beim Objektiv 1, pas de pauvreté, kann een nach eng Kéier och de Congé parental nennen, wou d'Indemnitéit an d'Luucht gaangen ass, awer och d'Augmentatioun vum REVIS a vun der Allocation de vie chère souwéi d'Afëierung vun enger Primm Energie.

Dann hu mer den Objektiv 4, do geet et ëm eng Qualitéitseducatioun. Nach eng Kéier, d'Diversifikatioun vun der Schouloffer, d'Initiativ Staark Kanner, awer och den Développement vun der Université populaire fir de Lifelong Learning kënnen op deem Punkt als Beispill genannt ginn.

Dann hu mer den Objektiv 7, dat ass Énergie propre et d'un coût abordable. Hei och nach eng Kéier, déi méi héich Ufuerderungen un d'Energieeffizienz bei de Gebaier vum 1. Januar 2023 u fir all nei Konstruktiounen, dat ass ee Punkt, dee mer do gemaach hunn, an dann och eng Stratégie hydrogène fir d'Dekarboniséierung vun eiser Industrie.

Den Objektiv 8, travail décent et croissance économique, do maache mer weiderhin och eng Diversifikatiounspolitik vun eiser Ekonomik. Mir hunn natierlech eng ganz staark Finanzplaz. Mir hunn och soss eng gutt diversifiéiert Ekonomik, mee mir musse weiderhin un eise Businessmodell schaffen. Mir mussen eis konstant iwwerleeën, a wat fir eng Richtung mer eis wëllen hin orientéieren, och en vuer deene groussen Tendenzen, déi mer hunn. Do hu mer eng ganz Rei Strategien, déi an deene verschiddene Ministèren ausgeschafft ginn. A mir hunn elo mat Luxembourg

Stratégie eng Direktioun an der Ekonomik, déi sech ëm d'Prospektive bekëmmert mat all deenen anere Ministèren zesummen, an déi probéiert ze verstoen, wéi mer eis och kënne méi laangfristeg opstellen, fir eng gutt a performant Ekonomik ze hunn.

Dann hu mer d'Mise en œuvre de la stratégie nationale de prévention des accidents du travail, d'„Vision Zéro“.

Beim Objektiv 9 geet et ëm Industrie, innovation et infrastructure. Do kann een als Beispill de Régime d'aide financière „Clever fueren“ nennen. Et kann een awer och déi pluriannuell Konventiounen nenne fir d'Universitéit, eis Centres de recherche an de Fonds national de recherche. Dat sinn déi Contrats de performance, déi do gemaach ginn.

An da schlussendlech den Objektiv 13, Mesures relatives à la lutte contre les changements climatiques. Do hu mer u sech eis Adaptatiounsstrategie fir de Klimawandel vu Juni 2022 u revidéiert. Mir hunn och nach eng Kéier d'Stratégie Modu 2.0 an deem Beräich a mir maachen am Kader vum Klimagesetz och en Accompagnement vu berodende Gremie vun där ganzer Strategie.

Voilà, Här President, ech mengen, dat ass, wéi gesot, e bëssen en Taux d'horizon iwwert de PNR, bei deem mer no hanne gekuckt hunn, wat alles gemaach ginn ass. An natierlech, mat all deenen Defien, déi mer hunn, an deem Ëmfeld, an deem mer dra sinn, wat extreem komplizéiert ass, woubäi mer eis natierlech och baséieren op déi Zuelen aus dem PSC, kënne mer eis net ausrouen a mer musse konstant weiderschaffen an all deene verschiddene Beräicher, fir déi Problemer ze léisen, déi mer weiderhin nach hunn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président** | An ech soen dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot Merci a ginn him Akt vu senger Deklaratioun.

Muer de Moien um 9.00 Auer féiert d'Chamber eng Debatt iwwert de Stabilitéits- a Wuesstemsprogramm PSC an iwwert den nationale Reformprogramm PNR.

## 6. Question élargie n° 139 de M. Laurent Mosar au sujet des difficultés en matière d'ouverture de comptes en banque professionnels rencontrées par des ressortissants de pays tiers résidant au Luxembourg

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 139 vum Här Laurent Mosar iwwert d'Schwieregkeeten, déi Drëttlänner a Staatsbürger hunn, fir e professionelle Bankkonto opzemaachen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Finanzministesch, de Sujet vun haut, d'Bankkonten, ass een, dee schonn e puermol eis Finanzkommissioun beschäftegt huet. Mir haten do och eng Entrevue, op déi ech nach ze schwätze kommen, mam President vun der ABBL. Loosst mech awer vläicht als Introductioun zwee, dräi Wieder soen, wat d'Problematik ugeet.

Fir d'alleréischt, mengen ech, an dat brauch ech eigentlech net ze widerhuelen, ass d'Recht, e Kont opzemaachen an e Kont ze hunn, e Mënscherecht, an dat muss eigentlech all Bierger accordéiert kréien, egal aus wat fir engem Land dee Bierger och hierkënn.

Et ass awer elo esou, dass eng ganz Rei vu Bierger, awer net nëmme Bierger, och Entrepreneuren, déi ganz besonnesch aus Drëttlänner kommen, dat heescht

Länner ausserhalb vun der Europäescher Unioun, immens Schwierigkeeten hunn, fir iwwerhaupt nach e Kont opgemaach ze kréien. Do geet et notament ëm – fir déi vläicht elo mol fir d'alleréischt elo ze nennen – Leit, déi hei de Flüchtlingsstatut froen an och kréien, déi aus Drëttlänner kommen, wou et quasi onméiglech ass fir déi Leit, fir iwwerhaupt e Kont opgemaach ze kréien. Mee net nëmme déi dote Leit, och ganz vill einfach Bierger, déi aus Drëttlänner heihinner kommen an déi wëllen Aktivitéiten developéieren, hunn déi selwecht Problemer.

Och ONGen, déi mat Länner ausserhalb vun der Europäescher Unioun – an dat si jo déi Länner – zesummeschaffen, hunn effektiv enorm Problemer, fir Konten a fir Virementen an déi Länner ze maachen. An dat alles ass natierlech net am Interessi vun de Bierger, mee et ass och net am Interessi vun eise Land; – an ech schwätzen emol hei guer net vun der Finanzplaz, ech schwätzen einfach vun eise Land –, wann et esou vill Problemer gëtt, fir einfach nëmme en normaalt Mënscherecht auszeüben, an dat ass eeben dat, fir e Kont opzemaachen.

Elo ass et esou, dass mir den Här President vun der ABBL während quasi annerhallwer Stonn bei eis an der Finanzkommissioun haten. An ech wëll Iech dat net am Detail nach eng Kéier hei resuméieren. Ech wëll just soen, dass den Här Hoffmann all déi Bedenken, déi ech Iech elo hei gesot hunn, 100%eg confirméiert huet. Dat heescht, déi Suergen, déi mir hei hunn, ginn integral och vun der Associatioun vun de Banquiere gedeelt.

An en huet eis zum Beispill do gesot, an dat musst Der Iech virstellen – ech ginn dat da vläicht och Iech allégueren als Beispill –: Dir kritt all Mount Äre Pai vun der Chamber ausbezuel, a wann Der déi Pai dann op Äre Kont kritt, géift Der déi vläicht gär op en anere Kont iwwerweisen. Déi Transaktiounen mussen am Detail nogepreift ginn um Niveau vum Blanchiment, woubäi null Gefor ass. Wann eng Chamber – ech gesinn elo den Här Arendt hei viru mer setzen –, dem Här Arendt seng Pai iwwerweist a wann den Här Arendt déi op en anere Kont iwwerweist, muss dat um Niveau vum Blanchiment gekuckt ginn. Ech kann Iech just soen: Dat ass jo de Wansinn! Dat ass jo wierklech de Wansinn! An esou Beispiller huet den Här Hoffmann, senges Zeechens, wéi gesot, President vun der ABBL, eis do ginn.

Duerfir wollt ech Iech eng Rei vu Froen dozou stellen, Madamm Finanzministesch. Fir d'alleréischt: Sidd Dir Iech där Thematik bewosst a wéi gesitt Der se? Ech wëll och vläicht do soen, dass Äre Virgänger an enger vu senge leschten exzellenten Interventiounen d'ailleurs selwer gesot huet, hie wär sech der Thematik bewosst an dat wär eppes, wou onbedéngt eppes misst ënnerholl ginn.

Zweetens: Wat gedenkt Dir an d'Regierung selwer do ze maachen, fir dass d'Leit hiert Mënscherecht kënnen ausüben an e Kont kënnen opmaachen?

Drëtzens: Sidd Der net der Meinung, dass d'Gesetz vum 13. Juni 2017, dat a sech op där enger Säit eng Obligatioun fir d'Banquiere virgesäit, fir de Leit e Bankkonto opzemaachen, dat awer gläichzäitig hannendru seet, dass, wann awer och nëmme dee geréngste Risk besteet, se dat net musse maachen, dass een deen Artikel emol eng Kéier op de Leescht misst huelen? Well da kréie mer och gesot, dass déi meeschte Banken dann, wann, ech soen elo einfach, e Staatsbürger aus der Ukrain zum Beispill heihikënn an e Kont wëllt opmaachen an do nëmme dee geréngste Risiko besteet, dee Kont net opmaachen. Duerfir, sidd Dir net der Meinung, dass mer wierklech eng Kéier dat Gesetz do missten op de Leescht huelen?

An dann, véiert Fro. Déi ganz Mesuren hunn natierlech mam Blanchiment ze dinn, an ech hunn dat

schonn e puermol hei op dëser Tribün gesot. Mir sinn amgaang, an ech soen net mir, mee Bréissel, einfach eng Iwwerreglementatioun vun esou Dispositiounen ze maachen. An haaptsächlech ass d'EU amgaangen, e Wee ze goen, deen d'OECD net matgeet, mam Resultat, datt ëmmer méi Leit iwwerhaupt net méi hei op Lëtzebuerg kommen, fir Aktivitéiten ze maachen. Mee déi gi muer vill léiwier op London, fir do hir Aktivitéit ze maachen, well do hu se déi ganz Contrainten net.

An duerfir, an dat ass da meng lescht Fro, Madamm Minister: Misst Dir an och d'Regierung do net emol eng Kéier mat der Fauscht op den Dësch schloe fir ze soen, datt een zu Bréissel – mat allem Respekt, a mir si vollkommen d'accord, datt ee géint de Blanchiment virgeet – emol erëm eng Kéier op de Buedem vun der Realitéit zrëckkomme soll?

Merci fir Är Äntwerten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** | Merci dem honorabelen Deputéierte fir dës Froen. Dat schéngt mer e ganz wichtege Sujet. Ech sinn elo nei an dësem Job säit e puer Wochen, soudass ech datt dann och decouvréieren a ganz seriö huelen.

Dat heescht, ech hu mech och elo e bësse renseignéiert a probéieren, déi ganz Problematik do ze verstoen.

Dat Éischt, wat ech awer dann heizou wëll soen opgrond vun deenen Informatiounen, déi ech hunn, ass, dass eis weeder vun der Säit vun der CSSF nach vun der ABBL iergendwellech Indicateuren oder Informatiounen virleien, déi géife bestätegen, dass d'CSSF d'Reegele géif méi streng oder anescht uwenne wéi hir Homologen an anere Länner.

Ech hat och d'Chance, fir de Moien op der Assemblée générale vun der ABBL ze sinn an ech hunn d'Hierarchie dorop ugeschwat, déi mer am Fong e bësse voire carrement eppes aneres gesot huet wéi dat, wat Dir hei sot, dass si gesot hätten.

Dofir, bon, ech mengen, dat muss een da vläicht e bëssen approfondéieren. Mee op Basis vun deenen Informatiounen, déi mir elo zur Verfügung stinn, géif ech Iech da gären e bësse soen, wéi mer dat vun eiser Säit aus gesinn. Dat schléisst awer natierlech net aus, dass mer weider iwwert dee Sujet schwätzen, deen ech natierlech ganz enk wäert suivéieren an am Detail wäert weiderstudéieren.

Just eng Saach, ier ech da vläicht e bësse méi an den Detail ginn, wat déi konkret Problematik elo vun Ouverture vu Konten ugeet. Esou huet d'CSSF zwëschen 2017 an 2021 just zwou Reklamatiounen kritt zum Sujet Accés op e Bankkonto fir Leit aus Drëttlänner, déi eng professionell Aktivitéit wëlle lancéieren.

Mee erlaabt mer dann, e bësse méi op den Detail an och – ech probéieren et op alle Fall – op Är Froen dann anzegoen.

D'Banken hunn eng ganz Rei Obligatiounen, un déi se sech hale mussen, wa se engem Client e Kont opmaachen. Dat wësse mer. Dozou gehéieren d'Identifikatioun vum Client, d'Originne vun de Fongen an och eng Evaluatioun vun de clientspezifische Risiken an der Natur vun de Relations d'affaires.

Dës Reegele gi souwuel EU-wäit festgeluecht, notament iwwert déi europäesch Antiblanchimentsdirektiv – Dir hutt se och mentionéiert –, wéi och um internationalen Niveau. Dat bezitt sech dann op d'Recommandatiounen vum GAFI. Da gëtt et och d'Ligne

directrice vun der europäescher Bankenautoritéit, dat ass d'EBA.

Dës Kader gëtt zu Lëtzebuerg wéi an anere Länner ugewannt an et ass och kee sougenannte „gold-plating“ gemaach gi bei der Ëmsetzung vun den entsprechenden Direktiven an internationale Recommendations ënner eiser nationaler Gesetzgebung. Ech mengen, déi kennt Dir jo och ganz gutt.

Souwuel d'Banke selwer wéi och d'CSSF, déi zoustänneg ass fir d'Ëmsetzung vun dëse Reegelen, hale sech also un de gemeinsamen internationale Kader, deen dann och tel quel zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn ass.

Et ass sécherlech richteg, dass dës Kader souwuel op EU- wéi op internationalem Niveau iwwert déi lescht Joren ëmmer weider verstärkt ginn ass – Dir hutt et och mentionéiert –, dat och zum Deel als Äntwert op relativ héich mediatiséiert Skandalen a verschiddene Länner, awer och, fir op déi nei Risikoe vu Blanchiment oder Finanzement vun Terrorismus eeben anzegoen a fir déi en compte ze huelen.

Dës Entwécklungen, notament de méi strikte regulatoresche Kader, hunn natierlech och en Impakt op de Risikoappetit, wann een dat esou kann nennen, vun eenzele Banken oder vu Bankengruppen. Mee dës ass eng méi generell Tendenz an ass sécherlech net op eng méi strikt Ëmsetzung oder Applikatioun vun de Reegelen hei zu Lëtzebuerg zrëckzuführen.

Ech wëll och hei ënnersträichen, dass d'Ligne directrice vun der EBA, un déi sech d'Banken hei zu Lëtzebuerg mussen halen, keen Ënnerschied mécht zwëschen de Konsumenten a professionelle Clienten. D'Banken ënnerleien hei deene selwechten Obligatiounen.

Konkreet heescht dat, dass d'Akzeptatioun vun engem Client an domadder d'Ouverture vun engem Kont vun der Evaluatioun ofhänkt, déi d'Bank mécht zum jeeweilege Blanchimentrisiko vum Client oder der Relation d'affaires. Dozou gehéieren natierlech och potenziell geografesch Risiken.

Bei der Ouverture vu Bankkonten kënnt nieft de Reegelen, un déi sech all Bank hale muss, awer och nach den individuelle Risikoappetit vun eenzele Banken an d'Spill a virun allem hir Politique commerciale.

Et ass net um Finanzminister, wéi Der Iech kënnt virstellen, sech an d'kommerziell Strategie vun de Banken anzemeschen an an hir Gestoun vun de Risiken anzegräifen. Hei huet effektiv all Haus seng eege Politik.

Wann eng Bank d'Evaluatioun vum Client gemaach huet, egal ob et sech hei ëm e Lëtzeburger oder ëm en Netlëtzeburger handelt, a séchergestellt huet, dass de Client och richteg identifizéiert ass an dass d'Originne vun de Fongen dann net suspekt ass, ass et eleng d'Decisioun vun der Bank, ob se dësem Client e Kont wëll opmaachen oder net.

Et ass och wichteg ze präziséieren, dass dat net heescht, dass eng Bank kee Risiko därerf agoen, mee si muss potenziell Risiken eeben identifizéieren, zum Beispill wann e Client aus engem Héichrisikoland kënnt oder Geschäfte an esou engem Land huet an dës Risiken deementsprechend dann och encadréiere muss respektiv mitigéiere muss, zum Beispill duerch méi reegelméisseg an déifgräifend Kontrollen. Dës ass natierlech och e Käschtepunkt fir d'Banken.

Wat d'Activité professionnelle ugeet, esou kommen do natierlech och eng ganz Rei aner Krittären derbäi. Hei froen d'Banken och zum Beispill no engem Businessplan, en Iwwerbléck iwwert d'Fluxen duerch professionell Aktivitéiten, déi op e Kont kommen oder och nees erausginn, wann et sech ëm e Kont handelt, dee fir eng Firma opgemaach gëtt, wien eventuell d'Aktiönäre sinn an esou weider an esou weider.

Och hei gëllen also d'Liberté contractuelle an d'kommerziell Strategie vun der Bank, et si weeder d'CSSF nach de Finanzministère, déi hei intervenéieren. D'Clienté selwer sinn natierlech fräi, och no anere Banken ze kucken. Hei spilt natierlech d'Logik vum fräie Maart a vun der Konkurrenz, wat och eng gutt Saach ass, mengen ech.

Wéi scho gesot: Eis leien elo keng objektiv Krittäre vir, déi an iergendenger Form géife beleeden, dass d'CSSF méi strikt wier wéi d'Regulateuren an anere Länner. Mee generell wëllt ech awer och de Punkt maachen, dass et net zillféierend ass ze probéieren, de Verglach ze maachen zwëschen der Lëtzeburger internationaler Finanzplaz a vläicht eisen Nopeschlänner, déi am Bankesektor eeben och haaptsächlech hiren eegene Marché domestique viséieren.

En gros sinn d'Banken zu Lëtzebuerg aktiv am Fongebereich, notament an der Banque dépositaire, natierlech och am Corporate Banking an an der Banque privée. Dës Banken maachen am Prinzip keng Konten op fir eenzel Leit, ausser eeben am Kontext vun Private Banking an och net fir Leit, déi eng Entreprise lancéieren. Dat ass eeben de jeeweilege Banken hire Choix an enger fräier Maartwirtschaft.

De facto gëtt et also just eng Handvoll Banken zu Lëtzebuerg, déi am Segment vun der Banque de détail an der Banque commerciale aktiv sinn, wou een iwwerhaupt kann dann e Kont opmaachen.

Déi meescht Banken hei zu Lëtzebuerg sinn also éischter fir institutionell Clienten a si virun allem international aktiv, an dës Situatioun ass an deem Sënn net wierklech vergläichbar mat där an eisen Nopeschlänner.

Derbäi kënnt och, bis op e puer rar Ausnamen, dass praktesch all d'Banken hei zu Lëtzebuerg och zu engem internationaler Grupp gehéieren. Ganz oft ass et hei de Grupp, dee souwuel d'Politique commerciale wéi och de Risikoappetit vu sengen Entitéiten zu Lëtzebuerg festleet.

Contrairement zu eisen Nopeschlänner hunn d'Banken dagdeeglech mat Netresidenten als Clienten ze dinn, mee och mat Residenten aus Drëttlänner. Eebe grad well Lëtzebuerg eng international Finanzplaz ass, si sech d'Banken zu Lëtzebuerg wierklech hirer Responsabilitéit och besonnenescht bewosst. Lëtzebuerg steet als international Finanzplaz dofir eventuell och vill méi ënner Opsicht oder Beobachtung wéi Länner, déi vill manner international och exposéiert sinn, wat hire Finanzsektor ugeet.

Wat d'Ëmsetzung vun europäeschen an internationalen Reegelerwierker wéi dem Antiblanchementsgesetz ugeet, ass sech Lëtzebuerg senger Responsabilitéit als international Finanzplaz natierlech ganz bewosst. Ech mengen, et geet hei wierklech schlussendlech och ëm d'Reputatioun vun eiser Finanzplaz.

D'Gesetz iwwert d'Comptes de paiement huet trei eng europäesch Direktiv an nationaalt Recht ëmgesat. Dës Gesetz, wéi Der och gesot hutt, garantéiert am Prinzip all Konsument, dee legal an der EU resident ass, e Recht op e Basiskonto. D'europäesch Direktiv gesäit awer och eng Rei Fäll vir, an deene Banker kënne respektiv och mussen d'Demande fir e Basiskonto refuséieren. Dat gëtt et och, notament, wann d'Ouverture oder de Fonctionnement vun engem Kont géint d'Antiblanchementsreglementatioun géif verstoussen. Dës ass dann och esou am Gesetz iwwerhol ginn a muss dofir och vun de Banken agehale ginn.

Bon, ech verschléisse mech elo awer och net, fir dann op Är Fro zrëckzekommen, fir am Kader vun enger Iwwerschaffung vun der europäescher Direktiv um EU-Niveau dës Volet nach eng Kéier op de Leescht ze



huelen. An ech mengen, an deem Sënn kommen ech dann och ganz gäre weider a bleiwen dann och mat Iech an der Chamberskommissioun am Gespräch.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Finanzministesche. Den Här Mosar huet nach eng Zousazfro.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Jo, merci fir d'éischt fir all déi interessant Informatiounen vun der Madamm Ministesch, déi mer awer op zwou trotzdeem weesentlech Froen nach net geäntwert huet. An duerfir muss ech déi awer nach eng Kéier reiteréieren.

Madamm Minister, et ass eigentlech net e Problem vun der CSSF, et ass wierklech e Problem vum Gesetz vum 13. Juni 2017. An erlaabt mer vläicht, well ech dat awer net kann akzeptéieren, datt et e bëssen elo duergestallt ginn ass, wéi wann dat, wat ech hei gesot hunn, net esou um Niveau vun der ABBL gesot gi wier. Ech zitéieren hei den Här Guy Hoffmann. Ech liesen Iech déi Sätz awer vir, well se net onwichtig sinn.

Den Här Guy Hoffmann seet also iwwert dat Gesetz vum 13. Juni 2017: „La loi stipule cependant que les établissements concernés peuvent rejeter une demande d'ouverture de compte de paiement de base lorsque l'ouverture ou le fonctionnement d'un tel compte entraînerait une violation de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme.“ An dann, an dat ass dee wichtege Saz: „Cette disposition incite les établissements à orienter leur politique commerciale vers une prise de risque minimale, voire nulle.“

Dat heescht, d'Banken interpretéieren dat Gesetz esou, datt wa quasiment nëmmen e minimalen Doute vun engem Risk besteet, de Kont net opgemaach gëtt. An do kann d'CSSF strictement näischt maachen. D'CSSF mécht e super Job, mee hei ass wierklech e Problem um Niveau vum Gesetz.

An duerfir nach eng Kéier meng Fro, Madamm Minister: Misste mer net awer wierklech eng Kéier dat dote Gesetz op de Leescht huelen? An ech hu mer dat och am Ausland ugekuckt. Dat ass keng Transpositioun vun enger Direktiv. Dat ass esou libelléiert, an dat féiert eeben derzou, datt dat de Moment e ganz problematesche Punkt ass. Dat ass also déi éischt Fro, déi ech nach eng Kéier gär beäntwert hätt.

Déi zweet Fro hutt Der mer och net beäntwert.

*(Interruption par la présidence)*

Dat eent sinn d'Ouverture vun de Konten. Dat Zweet ass awer, datt Transaktiounen, bei deenen awer emol net en Debut vu Blanchiment ka sinn, müssen eng ganz Rei vu Kontrollen duerchlafen, déi nun null Sënn maachen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Mosar. Ech wëll Iech drop opmierksam maachen, datt mer an enger Prozedur sinn, wou de Froesteller fënnf Minutten huet. Dir hat scho siwe Minutte gebraucht, fir d'Haaptfro ze stellen an dann nach eng Kéier dräi Minutte bal hannendrun.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Dir wësst, datt schonn d'Haaptfro méi laang ass, Här President, an zousätzlech ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Eeben. Dir musst Iech dorunner gewinnen, d'Reglement anzehalen. An domadder ginn ech d'Wuert erëm eng Kéier zrëck un d'Madamm Finanzministesche.

*(Interruption)*

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** | Merci. Bon, also wéi gesot, mir kënnen weider gären doriwwer

schwätzen. Ech mengen, dat, wat ech Iech ka soen, ass, dass d'Reegelen iwwerall déi selwecht sinn. Dat heescht, d'Banke mussen sech un den EU-Kader halen. Mir kënnen gären an der Cofibu iwwert déi Saache méi am Detail weiderschwätzen. Dir wësst, ech stinn Iech do ëmmer zur Verfügung. Wat d'Ouverture vu Bankkonten ugeet, dat ass eng Saach vu Risikoappetit a vun der Politique commerciale vun de Banken. Do gräife mir net an.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Finanzministesche.

## 7. 7654 – Projet de loi modifiant la loi du 21 mars 2017 relative aux emballages et aux déchets d'emballages

### 7656 – Projet de loi relative à la réduction de l'incidence de certains produits en plastique sur l'environnement

#### 7659 – Projet de loi modifiant :

1<sup>o</sup> la loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets ;

2<sup>o</sup> la loi modifiée du 31 mai 1999 portant institution d'un fonds pour la protection de l'environnement

#### 7699 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008

a) relative aux piles et accumulateurs ainsi qu'aux déchets de piles et d'accumulateurs

b) modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets

### 7701 – Projet de loi relative aux déchets d'équipements électriques et électroniques

Mir kommen elo zu de Projets de loi 7654, 7656, 7659, 7699 a 7701, enger Rei Projeten iwwert den Offall. D'gemeinsam Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Jean-Paul Schaaf, den Här Max Hahn, d'Madamm Cécile Hemmen, d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Fred Keup, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dëse Projet-de-loien, den Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapports de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Hären, Här Émweltminister, mat de fënnf neien Offallgesetzer laude mer hei zu Lëtzebuerg e Paradigmewiessel an. Onsen Émgang mat de Ressourcë gëtt grondleeënd geännert. Den Offall gëtt eng Ressource, déi net verluer geet, mee erëm benotzt, reparéiert a recycléiert gëtt, fir eng nei Verwendung ze kréien. Lëtzebuerg geet eraus aus der Wegwerfgesellschaft, eran an d'Kreeslafwirtschaft. Duerch Offallvermeidung a Reduzéierung respektiv Erëmnutzung schütze mir ons Ressourcen, d'Natur an de Klima.

A wat bis elo vill Verantwortung war, déi op de Schëllere vun de Bierger louch, dat gëtt elo mat dësem Gesetzespak, bei deem mer héich Ziler hunn a vill Mesuren hunn, op alleguerten d'Acteure verdeelt: de

Staat, d'Gemengen, d'Ekonomie. An esou ginn d'Weiche gestallt fir en „Null-Offall-Lëtzebuerg“.

Onnëtz Verpackungen a Produite verschwanne lues a lues, zum Beispill d'Verpackungen vu frësche Friichten a Geméis. Offallfräi Restauratioun a Fester ginn d'Reegel. Becheren, Besteck, Telleren, Fläschchen a Béchsen, déi just eemol benotzt ginn, gi lues a lues duerch Produiten ersat, déi méi dacks benotzt kënnen ginn.

D'Produzenten an de Commerce ginn an d'Responsabilitéit geholl. Offallvermeidung gëtt esou méi kamoud. D'Dreckstippe müssen 2030 zougemaach ginn. Iwwerflësseg Reklammen a Mikroplastik an der Kosmetik gi verbueden. D'Strofe vum Littering ginn erhéicht.

D'Ressourcëverschwendung an d'Naturverschmutzung ginn also net toleréiert. An d'Ressourcenzentere ginn ausgebaut a fir all d'Bierger gëtt recycléieren elo nach méi einfach, an dat just fir e puer Beispiller aus dësen Offallgesetzer ze nennen.

Och wann d'Offallproduktioun zu Lëtzebuerg an de leschte Joren zrëckgaangen ass, esou leie mer ëmmer nach wäit iwwert der europäescher Moyenne mat 14,8 Tonnen Offall pro Kapp am Joer 2018. 42,3 Kilo Verpackungsoffall aus Plastik pro Kapp d'Joer hu mer zu Lëtzebuerg. An aus der Reschtoffallanalys vun 2018 an 2019 geet ervir, dass et zu Lëtzebuerg och nach vill Potenzial fir de Recycling gëtt, well an der groer Poubelle zu deem Moment nach 32 % organeschen Offall war, 18 % Pabeier respektiv Carton a 17 % Plastik.

Grad Lëtzebuerg huet also eng grouss Responsabilitéit, fir am Offalldossier Ambitioun, Courage an Innovatioun ze weisen. A genau dat maache mer mat deenen heiten Texter.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Hären, d'Grundlag fir d'Gesetzer ass den europäesche Pak aus dem Joer 2018 vun den Direktiven an de Beräicher Kreeslafwirtschaft an Offall, fir d'Offallgestioun méi nohalteg an effizient ze gestalten, méi Ressourcëschutz ze maachen an d'Transitioun op d'Kreeslafwirtschaft anzelauden.

Et geet hei drëms, méi ambitiéis ze sinn, fir prioritär all Produktioun vun Decheten ze vermeiden, also a Richtung null Offall ze goen, fir d'Hierarchie vun den Decheten ze applizéieren, also d'Responsabilitéit élargie vun de Produzenten, de Reemploi, d'Reutilisatioun, d'Preventioun, d'Valorisatioun, d'Collecte séparée an eng héich Qualitéit vum Recycling.

Et geet ëm Objektiv, et geet ëm Mesuren an et geet ëm Investissementer. Et geet drëms, fir en effikassen Tri ze offréieren a fir eng kohärent Kompetenzenopdeeling tëscht dem öffentlechen an dem private Sektour ze hunn.

An och am Regierungsprogramm war d'Elaboratioun vun enger Null-Offall-Strategie virgesinn, an den Émweltministère huet doropshin am Joer 2019 eng breet a participativ Approche am Virfeld vun der Elaboratioun vun der Strategie an den Null-Offall-Gesetzer gewielt mat sechs Workshoppe fir de Grand public an techneschen Ateliere fir d'Gemengen, d'Syndikater, d'professionell Federatiounen, d'Organismen, d'Büroen an esou weider.

Ech erënnere dann och nach eng Kéier drun, dass mer hei an der Chamber mat enger Petitioun, fir Plastikoffall ze reduzéieren, befaasst waren an dass mir och eng Orientéierungsdebat iwwer null Offall am Mee 2019 haten, déi op meng Initiativ zrëckgaangen ass.

Do gouf och unanime eng Motioun vu mir ugeholl, an där d'Regierung ënner anerem derzou opgeruff

gouf, fir dass Lëtzebuerg en europäesche Virreider ass an der Preventioun, der Gestiou vum den Offäll, fir a Richtung „zero waste“ ze goen, fir ambitiéis an effikass Mesuren ze formuléieren an och méi wäit wéi d'Direktiven ze goen, nottament am Beräich vun der Reduktioun vun de Verpackungen, fir d'Produzenten ze responsabiliséieren, fir a Richtung vu reutilisabelen a consignéierte Behälter a Flaschen ze goen, fir méi Centres de tri ze schafen an ze kucken, dass d'Collecte séparée och op verschiddene Plazen ugebuede gëtt, also och an de Residenzen de Porte-à-porte, fir de Bierger e bessere Service ze offréieren.

D'Gesetzer baséieren also op europäeschen Direktiven, dem nationale Plang fir d'Gestiou vum den Offäll an de Ressourcen, dem Koalitiounsaccord – dat alles aus dem Joer 2018 –, enger Motioun hei aus der Chamber aus dem Joer 2019, de Viraarbechte vun de Strategie vum „Null Offall“ an der Kreeslafwirtschaft an enger breeder Debat mat de Bierger an dem Secteur.

De 25. August, den 1. September an den 10. November 2020 huet d'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg du fënnf Gesetzer virgeluecht. De Gesetzesprojet 7659, deen d'Offallgesetz an d'Gesetz iwwert den Ëmweltfong modifizéiert, de Gesetzesprojet 7654, deen d'Verpackungsgesetz ännert, de Gesetzesprojet 7656, fir den Impakt vum Plastik op d'Ëmwelt ze reduzéieren, de Gesetzesprojet 7699, deen d'Gesetz iwwert d'Batterien an d'Akkue gradewéi d'Gesetz iwwert d'Preventioun an d'Gestiou vum den Dechete modifizéiert, a schlisslech de Gesetzesprojet 7001 (veuillez lire: 7701) iwwert d'elektresch Ekipementer. Deene Gesetzer sinn iwwregens nach dräi Reglementer unhängeg.

Bei der Presentatioun vun de jeeeweile Gesetzer gouf ech als Rapporteur nominéiert an ons parlamentaresch Aarbechten un den Texter hu sech an aacht Sitzungen iwwer een an en halleft Joer gezunn.

Am Dossier parlementaire fannt Der am ganze 57 Avisen zu deene fënnf Gesetzer. Verschidde Punkte widderhuele sech an dofir wollt ech virun der Presentatioun vun den eenzelne Gesetzer e puer méi generell Remarken dozou maachen.

De Staatsrot huet eng Partie Opposition-formelléi wéinst Mangel u Prezisioun gemaach, wat, grad wa Sanktiounen an Amenden am Spill sinn, jo wichteg ass. Da gouf et och formell Oppositionen, well d'Direktiv am Projet net konform transposéiert gouf. D'Problemer konnten aus dem Wee geraumt ginn, ouni dass awer déi generell Prinzipie vum de Gesetzer a Fro gestallt goufen.

De gemeinsamen Nenner vun den Avisa vum de Beruffskummenen dann ass hir Fuerderung zur Ëmsetzung „selon la directive, rien que la directive“, wat jo bekanntlech awer net am Sënn vun der parlamentarescher Majoritéit war, déi hei eng ambitiéis Ëmsetzung wollt maachen, fir Offall ze reduzéieren an e grouse Schrëtt a Richtung Kreeslafwirtschaft ze maachen. D'Direktive gesi jo och eng gewësse Marge de manœuvre vir, wéi eng Mesuren d'Staaten dann huelen, fir hir Ziler ze erreechen.

Et muss een awer derbäi soen, dass am Sënn vun enger gudder Ëmsetzung a well jo och vill op de Secteur duerkënn, en cours de route vun der Chamberskommissioun och Ännerunge gemaach goufen. Notamment goufen eng Partie Delaien no hane verëckelt. Domat kréien déi verschidden Acteuren och méi Zäit, fir d'Mesuren ëmzesetzen. An dat gouf och an deenen zousätzlechen Avisa vum de Beruffskummere begréisst.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech kommen da bei de Gesetzesprojet 7659, d'Offallgesetz. Hei geet et drëms, d'Offall ze reduzéiere vu Produiten, déi eemol genotzt ginn, a Richtung Reutilisatioun ze goen,

d'Ressourcen ze schounen an d'Natur besser ze schützen, andeems manner Offäll an der Natur landen.

Et sinn doranner Mesuren, fir d'Offall ze reduzéieren, also fir Preventioun ze maachen. A Restauranten, bei Liwwerdéngschter, am Takeaway, bei Fester a Manifestatiounen gëtt lues a lues reutilisabelt Geschier agefouert an den Einweg verbueden. Vum nächste Joer u mussen Moolzechen, déi op der Plaz konsuméiert ginn, op reutilisabelen Telleren, Besteck, Tassen a Glieser zerwéiert ginn. Vun 2023 u sinn op Fester Plastikstelleren, -glieser a -besteck verbueden. Vun 2025 un, also a knapp dräi Joer, müssen all d'Behälter an d'Besteck am Takeaway a bei de Liwwerdéngschter reutilisabel sinn. An op öffentleche Fester sinn ab 2025 all d'Produiten, déi just eemol benotzt ginn, verbueden, wéi Telleren, Tassen, Glieser, Dosen, onofhängeg vum Material, ausser gliese Flaschen. Also keng Panik: Beim Crémant bleift alles beim Alen!

(Hilarité)

Plusieurs voix | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Am Offallgesetz sinn och Mesurë géint de Mikroplastik virgesinn. Dat si ganz kleng Plastikdeeler, déi duerno iwwert d'Ofwaasser an de Gewässer an am Mier landen, do Gefier unzéien a vun den Déiere gefressen ginn – also eng grouss Gefor hei fir d'Ëmwelt besteet –, an déi awer och duersch d'Narungsketten duerno um Teller vun de Mënsche landen.

Bestëmmte Produite mat Mikroplastik däerfen net méi op de Marché kommen. De sougenannte „primäre“ Mikroplastik gëtt an der Kosmetik agesat, zum Beispill fir Peelings. De sekundäre Mikroplastik entsteet bei der Notzung vu Plastik, zum Beispill wa synthetesch Textilie gewäsch ginn oder och duersch Pneuen. Dofir müssen d'Wäschmaschinnen ab 2025 e Mikroplastikfilter hunn.

Am Beräich vun der Publicitéit fir kommerziell Zwecker, déi iwwert d'Bréifboitte verdeelt ginn, muss een an Zukunft ausdrécklech signaléieren, dass ee se gären hätt. Hei dréie mir also d'Logik ëm, déi mer bis ewell hunn. Da gëtt d'Verdeele vu Reklammen op den Autoe verbueden.

En Drëttel vun de weltwäit produzéierte Liwensmëttel lant an der Poubelle, an dofir müssen d'Supermarkete vum iwwer 400 Meterkaree an Zukunft och e Plang zur Vermeidung vu Liwensmëtteloffall erstellen an deen och ëmsetzen.

Am Beräich vum Recyclage dann: Recyclingzentere gi Ressourcenzentere, an deenen et net just ëm de Recyclage geet, mee och ëm d'Collecte séparée vun de Produkter en vue vun hirem Reemploi.

All d'Ressourcenzentere ginn och fir d'Bierger allegueren op, egal wou se wunnen. Da wäert et an Zukunft och méi Méiglechkeete fir de Recyclage ginn. Ab dem nächste Joer müssen d'Commerce vum iwwer 400 Meterkaree, déi Liwensmëttel am Selfservice ubidden, getrennte Sammelplazen ubidden, fir Verpackungen zréckzehuelen. A vun 2024 u müssen d'Supermarkete vum iwwer 1.500 Meterkaree eng Infrastruktur fir eng getrennte Sammlung vu Pabeier, Carton, Glas, Plastik, Batterien, Metall a klenger Elektronik ubidden.

An de Bauschutt, dat ass jo e grouse Problem zu Lëtzebuerg, an dee mécht mat iwwer dräi Véierel en iwwerproportionalen Deel vun onsem Offall aus, do ginn elo Reegelen agefouert fir d'Vermeidung an d'Erëmbenotze vum Bauschutt. An Zukunft muss all Maître d'ouvrage déi eenzel Fraktiounen getrennt sammeln. Ab enger bestëmmter Gréisst vu Gebai muss och e Materialpass erstallt ginn.

D'Deponéiere vun Déchets municipaux op enger Decharge grad ewéi och den Export dovun sinn ab 2030 verbueden.

Am Beräich vun den Déchets municipaux ginn ambitiéis Recyclageziler agefouert: 55 % bis 2023, 60 % bis 2030, 65 % bis 2035. An Zukunft ginn d'Gemengen iwwregens net méi just op den errechten Taux, mee op Basis vun engem méi breede Katalog evaluéiert.

Da muss a Residenzen ab véier Parteien eng Collecte séparée vu Pabeier, Carton, Biodechets, Verpackungen, Batterien an Akkuen ugebuede ginn.

An à propos Gemengen a Kompetenzopdeeling am Beräich vun der Offallgestiou: Fir eng kohärent Opdeeling an eng kloer Opdeeling ze hunn an eng besser Gestiou ze assuréieren, gouf d'Definitioun vun den Déchets municipaux ménagers ugepasst. Dorënner fale Menagen, Copropriétéiten, mee och Commercen, Structures d'accueil, Artisanen, wann d'Offall déi selwecht Charakteristiken a Quantitéiten hunn, dass se op déi selwecht Aart a Weis kënnen agesammelt an traitéiert gi wéi d'Dechete vun de Menagen. D'Gemengen hunn d'Obligatioun, d'Gestiu vum den Déchets municipaux ménagers ze assuréieren, quitte dass se se och kënnen outsourcen.

D'Kompetenze vun de Gemenge goufen awer par rapport zum leschte Gesetz an deem Sënn ausgeweit, dass se och d'Kollekt, den Transport, d'Valorisatioun an d'Eliminatioun vun den Déchets municipaux non ménagers kënnen iwwerhuelen. D'Responsabilité élargie vun de Produzenten gëtt gestärkt, dat heescht, d'Produzenten vu Produite müssen hir finanziell respektiv organisatorisch Verantwortung iwwerhuelen am Beräich vun der Preventioun, dem Reemploi an der Gestiou vum Dechet.

D'Produzenten mussen proaktiv hëllefen, dass d'Ziler vum Gesetz erfüllt ginn. Dee Regimm gouf méi kohärent a méi effikass an och op den elektroneschen Handel ausgeweit.

Och d'Konditiounen fir d'Organismes spécifiques, un déi d'Produzenten hir Obligatiounen kënnen delegéieren, goufe renforçéiert. Bekannten Nimm aus deem Secteur sinn d'Valorlux oder d'Ecotrel.

Schlisslech gi mat dësem Gesetz, wéi d'Chamber dat jo schrëttweis bei allegueren den Ëmweltlegislatioun mécht, d'Strofen an d'Amenden eropgesat. Dat geet zréck op eng Evaluatioun vun dem Europäesche Conseil iwwert den Ëmgang mat Ëmweltkriminalitéit hei zu Lëtzebuerg, déi vun enger internationaler Delegatioun duerghefouert gouf an an hire Konklusiounen sot, dass d'Sanktiounen müssen eropgeschrafft ginn, fir hirem repressiven an dissuasive Charakter gerecht ze ginn a fir dass och déi néideg technesch Enquête ka gemaach ginn. Ëmweltdelikter kënnen bei Mënsch an Ëmwelt nämlech ganz grouss Schied urichten.

Zu den Avisen hat ech jo schonn Haaptremarque gemaach, déi sech op de ganze Gesetzespak applizéieren.

De Gemengesector huet a sengem Avis zu dësem Gesetz op en Cherry-picking vun de privaten Acteuren higewisen, déi sech déi lukrativ Volete vum Marché géifen eraussichen. Dofir plädéiere si derfir, dass eng exklusiv Kompetenz vun der Gestiou vun den Déchets municipaux géif bei hinne leien. En cours de route gouf den Text jo och an deem Sënn ugepasst, dass d'Gemengen, wa se wëllen, och den éischten Zougrëff op d'Déchets municipaux non ménagers hunn. Domat ginn hir Kompetenze par rapport zum leschten Offallgesetz däitlech ausgeweit. Déi verschidden Acteure vum Privatsecteur awer begrëissen dat net.

De Gemengesyndikat SIGRE dann huet sech géint d'Interdictioun vun der Mise en décharge vun den Déchets municipaux vun 2030 u gewiert, well dat en negative finanziellen Impakt op seng Anlag hätt. Ech rappelléieren, dass d'Décharge vun Offall eng reng Eliminatioun vun Offall a keng Valorisatioun ass.



Mir kruten an der Kommissioun vun der Ëmweltministesch erkläert, datt et schonn zanter Jore Gespréicher tëscht de verschiddenen Acteuren gëtt, fir déi Decharge och anescht kënnen ze notzen.

D'CSV huet och Amendementer zu deem heite Gesetzespak agereecht. Si wëllen zum Beispill net, dass d'Collecte séparée a Residencë kënnt, déi scho gebaut sinn. Si wëllen och manner Verflüchtungen fir den Handel, zum Beispill, wat d'Centres de recyclage an de Supermarchéen ugeet. Si wëllen och d'Decharge eréischt 2035 an net schonn 2030 verbidden.

Déi Amendementer sinn net am Sënn vun der Majoritéit vun der Chambersëmweltkommissioun, déi keng minimal Transposition vum Direktiven an net manner, mee méi Ambitioun am Beräich vun der Offallwirtschaft wollt. An dofir goufe se ofgeleent.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech kommen da bei den zweete Gesetzesprojet vun deene fënnf, de Gesetzesprojet 7654, d'Verpackungsgesetz. Hei geet et drëm, fir eng Reduktioun vun de Verpackungen ze erreechen an och eng besser Valorisation am Recyclage. Fir dass manner Verpackungsoffäll ufalen, dierfen ab 2025 keng Behälter aus Plastik méi beim Gedrénks an Iesse gratis zur Verfügung gestallt ginn. Dat selwecht gëllt fir Tuten, egal wéi grouss se sinn an egal aus wat fir engem Material se gemaach ginn, dat heescht, och Pabeierstute bei Bréidercher an esou weider falen heidrënner. Well et geet jo eeben net just drëm, ee Produit géint en aneren auszetauschen, mee et geet drëm, fir Offäll ze reduzéieren.

Fir dass méi Offäll revaloriséiert ginn, ginn d'Ziler fir de Recyclage vun de Verpackungsoffäll gehéicht op 65 % bis 2026 an op mindestens 70 % bis 2031. Hei ginn dann och nach spezifesch Ziler agefouert fir verschidden Zorte vu Verpackungen: Holz, Plastik, Glas an esou weider.

Da schaaft dëst Gesetz eng Base légale fir d'Aféierung vun engem Pfandsystem – an dat dierft den Aly Kaes, deen e grouss Verfechter dovunner ass, besonnesch freeën –, fir also e Pfandsystem anzeféieren op Gedrénksfläschen. D'Consigne kann tëscht 10 Centimes an 1 Euro leien. D'Modalitéiten heifir mussen awer nach an engem Règlement grand-ducal gereegelt ginn.

Och bei dësem Gesetz gëtt d'Responsabilité élargie vum Produzent a fir Verpackungsoffäll detailléiert, grad ewéi och déi penal Sanktiounen an d'administrativ Amenden eropgesat ginn.

An hiren Avisen opposéieren d'Berufskummere sech géint d'Aféierung vun engem Pfandsystem bei Gedrénks. Dat wär nämlech mat engem groussen Opwand verbonnen. Wann dat dann awer sollt agefouert ginn, da wär et wichteg, d'Entreprises an där Transition ze begleeden. De Pfand ass bekanntlech eng Mesure, déi a puncto Reutilisation ganz effikass ass an dofir gouf se och bäibehalen.

De Commerce huet sech och un der Aféierung vum Prix dissuasif fir den Emballage de service gestéiert. Fir hinnen entgéintzekommen, gouf d'Restriktion e bëssen agrenzelt op Tuten an et gouf och explizit festgehalen, dass ee beim Verzicht op d'Tut eng Remise kritt. Och den Datum vun der Aféierung vun dëser Mesure gouf no hanner verréckelt.

Här President, Dir Dammen an Hären, dann zum Gesetzesprojet 7656, fir den Impakt vum Plastik op d'Ëmwelt ze reduzéieren. Déi weltwäit Produktioun vum Plastik ass nämlech an de leschten 20 Joer verduebelt ginn a läit elo bei 460 Milliounen Tonnen. Schätzungsweis sinn 20 Milliounen Tonnen an de Mier an 109 Milliounen Tonnen an de Gewässer gelangt. D'Ëmweltverschmutzung ass also riseg an dofir huet

d'EU-Kommissioun d'Single-Use-Plastic-Direktiv proposéiert, soudass direkt zéng Plastikproduiten europawäit verbuede solle ginn. Dat si verschidde Produiten aus Plastik, déi nëmmen eemol kënne benotzt ginn, déi net méi dierfen op de Marché kommen, zum Beispill Wattestäbercher, Besteck, Telleren, Schallimoen, Behälter fir Iessen a Gedrénks aus expandéiertem Polystyrol.

Aner Mesuren aus dësem Gesetz sinn: Frëscht Uebst a Geméis ënner 1,5 Kilo muss ab dem Juli 2023 ouni Plastikemballage ugebuede ginn. Et gi Reduktionsziler fir d'Produzente vu verschiddenen Plastikbehälter fir Iessen a Gedrénks, déi nëmmen eemol kënne benotzt ginn, agefouert: 20 % bis 2026 an duerno all Joer op d'mannst 10 %.

Da mussen d'Stëpp vun de Plastikfläschen, déi just eemol benotzt ginn, an Zukunft un de Fläschen drunhänken, an et gi Minimalforderungen fir den Undeel u recycéléiertem Material bei PET-Fläschen agefouert, nämlech mindestens 25 % bis 2025 an 30 % bis 2030.

Et gi mat dësem Gesetz awer och bestëmmten oxo- oder biobaubar Plastikern verbuede. Dacks si se aus fossile Ressourcen produziéiert, fragmentéieren zwar séier, mee se sinn eeben net komplett biologesch degradabel a verschmotzen also d'Ëmwelt mat Mikroplastikern.

A fir derfir ze suergen, dass Produkter besser entsuergt ginn, ginn och nei Exigencen agefouert, wéi dass eng Informatioun zum Material an der korrekter Entsorgung op verschidde Produkter – zum Beispill Tamponen, Becheren, Zigaretten – muss dropstoen.

A grad ewéi och bei anere Gesetzter gëtt d'Responsabilité élargie vun de Produzente gestärkt. Ech wëll hei notament erivhewen, dass d'Produzente vu verschiddenen Produiten, wéi zum Beispill Zigaretten, mussen fir d'Botzen an d'Entsuerge vun den Zigarettestemp op de Stroossen opkommen. An och hei ginn d'Sanktiounen an d'Amenden ugepasst.

Den Handel huet sech a sengem Avis géint de Verbuet vun dem Plastikemballage bei Geméis a Früchten ënner 1,5 Kilo ausgeschwat. Fir dass de Secteur Zäit huet, fir dës Mesure ëmzesetzen, gouf den Délai hei no hanner verréckelt. A just fir en anert Beispill ze nennen: A Frankräich ass eng änlech Mesure schonn a Kraaft.

De Conseil supérieur des personnes handicapées huet vum Verbuet vum Apake vu geschieltem oder geschniddelem Geméis gewarnt, well dat fir Leit mat verschiddenen Behënnerungen awer néideg wär. An dofir gouf déi Dispositioun och net zréckbehalen.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech kommen da bei de Gesetzesprojet 7699 iwwert d'Batterien an d'Akkuen. An och hei geet et drëm, fir den Ëmweltimpakt ze reduzéieren. Fir dass d'Batterien an d'Akkuen net op den Dechargen oder op de Verbrennungsanlagen landen, gouf bis 2023 eng nei Mindestsammelquot vu 70 % agefouert. D'Kollekt muss och assuréiert ginn an d'Kontrollmechanisme beim Export vu Batterien an Akkue gi verstärkt fir ze garantéieren, dass de Recyclage och ausserhalb vun der Europäescher Unioun ënnert de selwechte Konditiounen gemaach gëtt, wéi dat an der Europäescher Unioun de Fall ass. An och hei gëtt d'Responsabilitéit vun de Produzente gestärkt an d'Strofe gi renforcéiert.

De Gesetzesprojet 7701 dann iwwert d'elektronesch Ekipementer: Och hei gëtt de Fokus op de Reemploi vun Elektro- an Elektronikgerätern geluecht, dat heescht, och hei gëtt d'Prevention groussgeschriwwen, et gi Krittären definéiert, wat esou reemployabel Geräter ausmécht, an e verflücht d'Produzente vun deene Geräter oder Drëtter, déi fir si agéieren, fir déi

reemployabel Geräter unzehuelen, ze sammelen an ze sortéieren.

Den Text leet och fest, dass déi Geräter zréck an den ekonomesche Circuit mussen, y compris der Économie sociale, an dass déi Produkter eng Mindestgarantie vun engem Joer hunn. An da mussen d'Konsumenten an Zukunft méi Informatiounen zur Entsorgung iwwert dës Produite kréien. An och hei gëtt also d'Responsabilitéit vun de Produzente gestärkt an d'Strofe gi renforcéiert.

Ech hunn Iech elo schonn hei ganz vill erkläert, mee bei esou engem substantzielle Pak wësst Der, dass ech och net an all Detail konnt goen. An dofir verweisen ech op meng fënnf schrëftlech Rapporten fir all weider Informatiounen an all weideren Detail.

**Une voix | Très bien!**

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Hären, ech kommen esou lues zum Schluss. An dat, wat ech awer nach wëll maachen, ass der fréierer Ëmweltministesch e ganz grouss Merci ze soen. D'Carole Dieschbourg huet mat der Visioun „Null Offall“ e Prozess ugestouss, dee mam Stëmme vun dësem Gesetzter nach laang net ofgeschloss ass. D'Ëmstelle vun enger Wegwerfgesellschaft op eng Kreeslafwirtschaft ass e Prozess, deen eis nach iwwer Jore wäert begleeden an dee mir mam Stëmme vun dësem Gesetz lancéiere wäerten.

An dësem Gesetz vum Carole Dieschbourg gëtt elo mat ganz, ganz vill Mesuren an a ganz ville Beräicher genau dee Steen un d'Rulle bruecht. Hei gëtt wierklech geliwwert! An dofir wëll ech dem Carole villmools Merci soen.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | An dee Merci kënnt vu mir als President vun der Ëmweltkommissioun an als Rapporteur vum Offallpak vu ganzem Härzen. An ech sinn iwwerzeegt, dass och eng ganz Rei Memberen aus der Ëmweltkommissioun sech deem uschlësse kënnen.

Ech wëll awer och all deene villen anere Leit Merci soen, déi iwwer all déi Jore um Prozess vun der Elaboration vun dësem Gesetzter bedeelegt waren, well mir si scho laang amgang. Haut gëtt dee Prozess ofgeschloss, mee muer fänkt d'Ëmsetzung un. Dat heescht, d'Aarbecht gëtt net manner, och wann et vläicht eng aner Aarbecht gëtt. Dofir, all de ville Bedeelegten dofir villmools merci. A menger parlamentarescher Assistentin op dësem Dossier, dem Sarah Jacobs, wëll ech dann och hei eemol speziell Merci soe fir hir immens engagéiert a kompetent Aarbecht am Hannergrond.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Hären, „Null Offall Lëtzebuerg“ heescht éischters an absolutt prioritär d'Prevention doduerch, dass mir Offäll maximal vermeiden an dass mir de Reemploi weider stäerken, an zweetens recycéléieren, soudass mir d'Ressourcen zréck an de Kreeslaf féieren a se net verluer ginn. „Null Offall Lëtzebuerg“ heescht, dass mir erkennen, dass alles, wat an onser Poubelle lant, aus enger wäertvoller Ressource produziéiert ginn ass an och weiderhin eng wäertvoll Ressource bleift.

Et mécht kee Sënn, laanglieweg Materialie wéi zum Beispill Plastik anzusetze fir Produkter, déi no enger extreem kuerzer Notzungsdauer direkt an der Poubelle landen. Mir mussen eis Ressourcen méi effikass setzen. A genau dat maache mer mat dësen neien Offallgesetzter, déi mer haut stëmmen. Mir ginn ons héich Ziler fir Reutilisation a Recyclage a mir féieren eng Hellewull u konkreete Mesuren an, déi de Bierger, déi haut

schonn drop oppassen, manner Offäll ze produzéieren, d'Liewe méi einfach wäerte maachen.

Wann d'Chamber dëst Gesetz haut stëmmt, da weist se Courage an Innovatioun a mécht e wichtegt Investissement an d'Zukunft vun onsem Land, fir dass ons Kanner an déi nächst Generatiounen och nach op engem liewenswäerte Planéit kënnen liewen.

Domadder soen ech Iech villmools Merci fir d'No-lauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech soen dem Här Rapporteur François Benoy villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorablen Här Jean-Paul Schaaf. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Voilà, Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Kommissiounspräsident a Rapporteur, e grouse Merci wëll ech dem François Benoy wierklech op dëser Plaz soen. Seele kritt een esou e Rapport fir e Gesetzesprojet, deem esou costaud ass wéi deen doten. Also, wien dee gelies huet, deen hat fir e puer Owender. Dat ass remarkabel. Dat ass vill Aarbecht an et stécht och ganz vill Aarbecht an der Preparatioun heivunnen.

Ech stinn hei an der Plaz eigentlech vum Paul Galles, deen an eise Reie fiederféierend dësen Dossier géréiert huet, dee sech enorm vill hei engagéiert huet, deen ech awer leider haut muss entschëllegen. Dofir maachen ech mäi Bescht, fir dem Paul seng Iwwerleeungen a Gedanken hei mat anzébréngen a se korrekt duerzeleeën.

Fakt ass jo, dass déi fënnf Gesetzer, iwwert déi haut ofgestëmmt gëtt, eigentlech Gesetzer sinn, déi, de façon générale, wann ee se esou kuckt, am Geescht vun der Zäit leien. Déi Suerg ëm d'Ëmwelt – an et ass e bësselchen do, wou de Rapporteur elo opgehalen huet a wou ech wëll ufänken –, dat ass eng, mengen ech, déi och jidderee sech op säin eegene Fändel haut schreift. An dat ass eng Suerg, déi besonnesch bei de jonke Leit eng grouss Suerg ass. Si stellen och un eis, also un déijéineg, déi haut d'Weiße stellen, déi berechtigt Fuerderung, dass mer alles drusetzen, fir eng Welt nohalteg, zukunftsgerichtet an esou opzestellen, dass se dauerhaft an der selwechter Qualitéit bewunnbar bleift.

An der Press ass den Entwurf vun dëse fënnf Gesetzer jo ewell thematiséiert ginn, an do sot meng Duechter zu mir: „Super Papp, dat do ass jo flott! D'nächst Woch stëmmt der e Gesetz fir manner Offall a géint de Plastik.“

**Une voix** | Très bien!

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Dat klénkt gutt, muss ech soen. Dat huet mer Freed gemaach. Mee et klénkt eigentlech op den éischte Bléck ganz gutt, an ech muss leider natierlech op e puer aner Aspekter vun dësem Gesetzespak awer nach agoen.

Ech wëll domadder ënnersträichen, dass d'office eigentlech e positive Gedanken ass bei enger Null-Of-fall-Strategie. Dat ass kloer. Fir déi ze realiséieren – an dorobber kommen ech –, hätt een awer e puer aner Weeër kënnen goe wéi déi, déi Der gaange sidd.

Déi Gesetzer sinn net eleng hei an dësem Haus, der Chamber, oder am Ëmweltministère entstanden. Si baséiere jo op EU-Direktiven, déi mer ëmzesetzen hunn an déi eis och unhalen, de Recyclage oder d'Neinotzung vu Matière-première eropzesetzen, d'Batterien en charge ze huelen an a Richtung vu wierklech enger zirkulärer Economie ze goen. Dat ass kloer.

Well awer Lëtzebuerg op EU-Niveau e klengt Land ass, mussen mer eis natierlech an deenen doten Domänen mam Ausland ofstëmmen: de fräie Wuerenhandel, dass mer en Importland sinn an esou weider. Och wat d'Vepackungen ubelaangt, kënnen mer net handelen, ouni eis Grenzen ze respektéieren. Dorobber kommen ech nach zréck.

Eis Aufgab als Politiker an och als Oppositioun, dat ass et, d'fir ze suergen, dass d'Gesetzer zum Zil féieren an e beschtméiglechen Entwurf sinn. Do huet sech d'CSV och abruucht, vill diskutéiert – intern, awer och mat externen Auteuren. De Paul Galles, deem ech hei wierklech op dëser Plaz e grouse Merci soen, huet dat alles koordinéiert. Mir hunn och doropshin Amendementer gemaach. De Président-rapporteur ass dorobber agaangen – ech wëll déi net nach eng Kéier hei allegueren virdroen – an huet eeben Ännerungsvirschléi erabruucht.

Een aneren, deen eppes Interessantes erabruucht huet bei eis, dee wëll ech och ernimmen, dat ass de Marc Spautz. An der interner Diskussioun huet de Marc Spautz gesot: „Majo, kuckt Iech och elo emol deen EPI-Index un, den Environmental Performance Index, also de Performanzindex am Environnement. Dee vergläicht 180 Länner mateneen. Dee leschte Rapport ass elo publizéiert ginn an huet d'Date vun 2020, an e stuufft Dänemark als éischt Land vun 180 an, mat 82,5 Punkten, an op der zweeter Plaz mat 82,3 Punkte steet Lëtzebuerg.“

*(Applaudissement)*

Sou! An da kéint ee jo soen: „De Minister ass zefridden. Et ass alles a Botter, mir brauchen also näischt méi ze maachen.“ Dat wär déi eng Lektür. Déi aner Lektür wier déi fir ze soen: „An der Vergaangenheet ass viles richtig gemaach ginn.“ Och déi Lektür soll een awer hei zouloosse fir ze soen: „Et ass vill erreecht ginn, et ass scho viles gemaach ginn. An dat, wat gemaach ginn ass, ass gutt.“ Duerfir, fir elo vun engem kompletten Neufank ze schwätzen, ass ganz e bëssen ambitionéiert, wann een dat dote kuckt.

Wann een natierlech dann den Detail kuckt vun där Etüd, och dat muss ee soen, da gëtt et och ee Volet, deen heescht Waste Management. An am Waste Management steet Lëtzebuerg op der Plaz 15, also genau dee Beräich, dee mer hei thematiséieren, den Offall a wéi mer domadder ëmginn, do si mer net op der zweeter Plaz vun 180 Länner, mee op der 15. Plaz. Do ass also nach e bësse Loft no uewen. Dat ass d'Ausgangssituatioun, an där mer eis befannen.

Aus deene Gespréicher, déi mer gefouert hunn, an och aus deene villen Avisen, déi mer allegueren kritt hunn, notament rezent nach dräi – zwee, déi zesummen en Avis gemaach hunn, d'clc an d'FLAD, d'Fédération luxembourgeoise de l'alimentation et de la distribution, an duerno dann och nach d'Confederatioun vum Liewensmittelhandwerk –, do zeechent sech awer ee Bild, dat eis derzou féiert, dass och déi Amendementer, déi mer eraginn hunn, zum Deel awer déi selwecht Konklusiounen zouloosse wéi an deenen doten Avisen, an dass mer eis doropshin eigentlech och mussen ënnerchiddlech behuele bei deene fënnf Gesetzer.

*(M. Marc Spautz prend la présidence.)*

Zwee wäerte mer der net stëmmen an dräi wäerte mer der stëmmen. Ech wäert dat herno nach eng Kéier erklären.

Ech wëll nach e puer méi generell Remarque maachen an dann och op e puer Kritikpunkten agoen.

Dat éischt, dat ass: Mir hunn et mat engem wichtige Pak u Gesetzer ze dinn, well ënnert der Iwwerschrëft „Null Offall“, do verstoppe sech jo déi fënnf Texter. An d'Konsequenze vun deem Pak wäerte mir allegueren

spieren. Positiv Konsequenzen, a vläicht déi eng oder déi aner eng manner positiv Konsequenz.

Mir wäerten et mierken ab Januar bei Fester, a Restauranten, bei Eeweverpackungen, bei Sperrmüllsamm-lungen, déi mussen getrennt ginn, bei Installatiounen, déi an de grouse Geschäfte wäerte sinn, bei Verpa-ckungsmaterial, wat sech wäert änneren a wat och wäert erofgoen a senger Quantitéit, bei Recyclingzen-teren, déi wäerten entstoën, an esou weider an esou fort. Et wäert also eng Rei Verännerunge ginn a jidde-ree wäert dat mierken.

Zweet Remark: D'Offallreduzéierung wäert zu engem Thema gi bei ville Leit. Dat ass eigentlech eng posi-tiv Entwécklung vun deem, wat mer haut decidéieren. Et ass de Sujet: „Wat ass mat eisem Offall lass a wat kënnen mir a jidder Einzelne vun eis maachen?“ Dat wäert iergendwéi e roude Fuedem an där grénge Poli-tik ginn, déi mer haut hei decidéieren.

Et ass awer net esou, wéi wann ee sech bis elo nach ni doriwwer Gedanke gemaach hätt. Als Buergermeesch-ter weess jiddereen dat, als Gemengeresponsabele gesäit een, wéi d'Klibb sech Gedanke maachen, wéi se mëttlerwäert vum Plastik zum Glas zréckgewieselt sinn, wéi d'Eeweverpackunge verschwannen, wéi Spull-weenercher erëm aktuell ginn. Gemenge verbidden den Eewee bei Fester gréisstendeels iwwerall. Also, et ass schonn, mengen ech, eng Geschicht, wou vu sech aus och schonn d'Biergerinnen an d'Bierger ganz vill op dee Wee ginn.

An hiren Avisen – nach eng aner Feststellung zum Ge-setzespak – seet keen, dass een alles soll loosën, wéi et ass, an dass ee sech der Demarche verschléisst, déi hei amgaangen ass.

Den Avis vun der clc an der FLAD, dee schwätzt eng kloer Sprooch. Si deelen d'Zilsetzung. Och d'Liewens-mittelhandwerk seet dat a si soen: „Mat e bësse gudden Willen hätt ee méi wäit kënnen goen!“ An do-robbber kommen ech nach kuerz zréck.

Wann een esou een an a fir sech eigentlech positiivt Gesetz stëmme wëllt an och e positiven Echo an en Elan an der Populatioun wëllt lasstréipelen, da muss een eigentlech op dräi Saachen oppassen. An déi éischt Saach, dat ass déi, dass ee muss mam Secteur schwätzen. An dat war jo definitiv, wa mer hir Avisa lesen, net de Fall. Iwwerall, wou mer higaange sinn, wou mer mat de Leit aus dem Secteur geschwat hunn an och an deem, wat mer kënnen lesen, wat se ge-schriwwen hunn – ech wëll elo keng Citatiounen hei nach virbréngen, fir och net ze laang ze sinn –, do hu mer constatéiert, dass net am Virfeld mat hinne ge-schwat ginn ass, mee dass se eeben eréischt geruff an informéiert gi sinn, wéi de Projet de loi fäerdeg war an dat am Fong geholl net déi Diskussioun war, déi si gäre gehat hätten. An dat sinn der vill. Dat sinn d'Berufschamberen, et sinn d'Produzenten, et sinn d'Händler, et ass d'Handwerk, et sinn d'Offallgestion-nairen, et sinn der eng ganz Rei, déi hei concernéiert sinn, a mat deenen ass leider net geschwat ginn.

Déi zweet Remark oder Saach, op déi – wéi ech et wëll formuléieren – ee muss oppassen, dat ass, dass, wann een eng EU-Direktiv ëmsetzt, dann huet d'EU-Direktiv jo zum Zil, dass et eng Harmoniséierung gëtt, méiglechst eng europäesch Harmoniséierung vun de Reegelen, déi applikabel ginn. A wann een dann iwwert d'EU-Direktiv erausgeet oder sech net mat den Nopeschlänner koordinéiert an ofschwätzt, da riskéiert een, isoléiert ze ginn op deem evenen oder deem anere Punkt, an et riskéiert een eventuell, manner effikass ze sinn, wéi ee sech et eigentlech erhofft huet mat engem Alleingang ze sinn.

Déi drëtt Remark: Et muss een eigentlech och sécherstellen, dass dat neit Gesetz oder Elementer dovunner,



besser si wéi dat, wat elo schonn do ass. An do stellt sech natierlech d'Fro vun de Ressourcenzentren an de Supermarchéen, well do stelle sech ganz vill Froen. Ech kommen och direkt dorobber zrëck. An dat ass dann och deen éischte vun deenen, wat ech emol géif nenne Kritikpunkten, dat sinn de Recycling oder d'Ressourcen an de Supermarchéen.

Zu deem Punkt gouf et vill Kritik vun de Chamberen. Et feelen Etüden, déi beweisen, dass de Recycling oder dat, wat elo hei ugeduecht ass an de Supermarchéen, méi effizient ass wéi dee Recycling, dee mer alleguerle kennen, dee landeswäit implantéiert ass an dee vun der Valorlux bedriwwen gëtt.

Et gëtt geschwat dervunner, dass 45 nei Centres de ressources oder de recyclage – fir datt mer nach all wëssen, vu wat mer schwätzen am Land – an deene Supermarchéen, déi méi wéi 1.500 Meterkaree hunn, wäerten entstoen. Dat riskéiert dann, zu engem double Emploi ze féieren, well ee souwuel d'Valorlux wéi eeben och déi do muss finanzéieren, wou eeben och hei eleng Personalkäschten vun enger Millioun pro Mount, also 12 Milliounen Euro pro, Joer fir d'Commerçanten, déi dat mussen maachen, geschätzt ginn. An dat si reng Personalkäschten, also de loin nach net d'Frais alleguer! Den Haaptproblem ass also eng Afrostellung – oder ass et keng Afrostellung, et weess een et net richteg – vun dem System vu Valorlux.

Mir haten duerfir och gesot, dass mer iwwer en Amendement kéinte sécherstellen, dass dat net e reelle Ressourcenzenter, wou ech all Méiglechkeiten dohinneféieren, mee dass ech dat, wat ech am Buttek kafen, kann doloossen, falls ech et net brauch. D'Logik ass jo déi, dass ech e Minimum vu Verpackungsmaterial iwwerhaupt nach kafen an e Maximum vun deem Material, wat ech dann hu misse matkafen, kann doloossen. Dat ass jo d'Logik dervun. Esou wäit, esou gutt. Deen Amendement ass an der Kommissioun abruucht ginn an deen ass awer net zrëckbehalen ginn. Do derneef wollten mer selbstverständlech Batterien, kleng elektresch Geräter an esou weider huelen, dat wär fir eis alles kee Problem.

Dat, wat an deem do Kontext nach feelt, dat ass och d'Etüd vum Centre Drive-in vum Houwald, déi jo virgestallt ginn ass, och contestéiert ginn ass, a Fro gestallt an esou weider an esou fort, déi eeben am Optrag vun der Ëmweltverwaltung gemaach ginn ass am Kader vun engem Pilotprojet, deen iwwer zéng Joer ënnerwee war, a wou eeben eng vun de Konklusiounen war, dass et „keine Alternative zur Erweiterung der PMG-Sacksammlung“ ass.

Dat ass eeben esou an et gouf drop higewisen, dass een do misst souguer driwwer diskutéieren, dee Projet nees anzestellen. Dat ass e bësselchen eng Situatioun, an där mer sinn, well et eeben zu enger Erhéijung vun de Käschtchen vum Recyclage féiert ouni Plus-value. An duerfir soen ech: Et muss ee jo, wann een en neie Projet mécht, kucken, dass een eppes besser mécht wéi dat, wat een hat. A wann do Fachleit, déi dat evaluéiert hunn, soen: „Et bréngt eigentlech just Käschtchen, awer keng Plus-value“, da muss een dat a Fro stellen oder zumindest nach eng Kéier op de Leescht huelen.

Dann déi zweet Remark dozou, dat ass, dass een eigentlech déi Harmonisatioun am Land net méi wäert hunn. Et wäert Plaze ginn, wou méi Angebot ass. Geografesch wäert dat net méi iwwerall d'selwecht sinn. An och déi Präferenz, déi d'Leit ausgedréckt hunn, notament iwwer d'TNS-ILReS-Ëmfroen, fir ze soen, dass se mat deem bloe Sak am Fong zefridde sinn an dass se bei deem System wëlle blieden, där Iwwerleeung gëtt hei och net Rechnung gedroen. Zumindest gëtt deem keng wirklech Wäertschätzung an dëser Diskussioun entgéintbruecht.

Duerfir deposéieren ech hei op dëser Plaz eng Motioun. Här President, leet Äre Kapp a Rou, et gëtt just eng Motioun, ...

(Hilarité)

... fir justement Iech ze froen – an ech hoffen do op eng Zoustëmmung –, dass mer am Fong soen: Hei gëtt eppes komplett Neies agefouert, nieft eppes, wat mer en place hunn, da sollt een no zwee Joer eng Evaluatioun maache fir ze kucken, ob dann am Fong geholl dat, wat ee sech als Zil ginn huet, eeben och erfollegt ass, respektiv datt een de System vun der Valorlux an de System, deen elo mat de 45 neie Ressourcenzentren, déi wäerte mussen entstoen, einfach eng Kéier objektiv, transparent matenee vergläicht an dann och déi Konklusiounen heihinner bréngt. Dat ass am Fong geholl de Wording dovun. Voilà.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

– *rappelant les objectifs de l'Accord de Paris sur le climat et le réchauffement climatique du 12 décembre 2015 ;*

– *rappelant le Plan national intégré en matière d'énergie et de climat (PNEC) du Luxembourg qui constitue la stratégie-cadre en matière de politique de l'énergie et de l'action pour le climat ;*

– *considérant que le projet de loi n° 7659 impose aux supermarchés de se doter, après la sortie des caisses, d'un point de reprise par collecte séparée des déchets d'emballage issus des produits achetés dans cet établissement, voir même (selon sa surface) d'un point de reprise par collecte séparée des déchets municipaux ménagers de papier, de carton, de verre, de plastique, des piles et accumulateurs portables, des emballages métalliques, des emballages composites et des déchets d'équipements électriques et électroniques de très petite dimension ;*

– *rappelant qu'un système de collecte de déchets en plastique est déjà en place ;*

– *rappelant qu'une étude a constaté que le système Valorlux, c'est-à-dire un système de collecte à domicile est plus efficace qu'un système de collecte dans un supermarché,*

*invite le Gouvernement*

– *à procéder à une évaluation du système de collecte dans les supermarchés, et de comparer ce système de collecte à celui de la collecte à domicile de Valorlux au plus tard dans deux années ;*

– *et à présenter les résultats de l'évaluation à la Chambre des Députés afin, le cas échéant, d'y apporter les adaptations nécessaires.*

(s.) Jean-Paul Schaaf, Emile Eicher, Martine Hansen, Aly Kaes, Gilles Roth.

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci, Här Schaaf.

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Merci, Här President. Da kommen ech duerno zu engem zweeten, e bësse méi kritesche Punkt. Dat sinn – an et ass ugeschat ginn – déi 1,5 Kilo-Emballagen. Bon, dat ass eng Diskussioun, déi ee ganz komplex, mengen ech, ka féieren.

Et muss ee soen, dass dat jo drop zrëckzeféieren ass, dass mer eigentlech – ech kommen nach eng Kéier drop zrëck – e klengt Land sinn, wat déi meescht Wueren importéiert. An notament de Secteur seet och, datt e sech net opposéiert fir esou eng Reegel, mee datt ee se hätt solle koordinéieren mam Ausland.

Dat riskéiert – an et kléngt witzeg, wann een et seet –, derzou ze féieren, well déi grouss auslännesch Fabrikanten hir Emballagen net wäerte fir dee klenge Lëtzebuerger Marché adaptéieren a liwweren, dass Produite geliiwwert ginn, datt se hei mussen ausgepaakt ginn,

fir se dann net agepaakt an d'Regal ze stellen a se da gegebenefalls erëm mussen anzepaken, fir se mat heem ze huelen. Dat ass dat, wat de Secteur seet. Dat riskéiert an esou eng Richtung ze goen.

Et hätt een et vill méi einfach kéinte maachen an den Här Benoy huet dat virdrun ugeschwat. En huet gesot: „Frankräich huet och esou eng Reegel.“ Jo, Frankräich huet eng Reegel an huet déi EU-Direktiv, déi mir haut ëmsetzen, schonn ëmgësat. A si hunn zënter dem 1. Januar eng Lëscht vu Produkter, déi mir eigentlech hätt kënnen unhuelen. Mir hätten eis do kënnen ralliieren, koordinéieren mat der franséischer Produktlëscht, da wier zumindest alles dat, wat vun do kënnt, am Emballage identesch hei an et hätt ee keng nei Gestiou, et hätt een et net nach eng Kéier missen an d'Hand huelen. Dat hätt ee kënnen maachen. Dat ass am Fong geholl eng Ofsprooch, déi lei der net do war.

En anert Argument bei deenen 1,5-Kilo-Geschichten ass eeben dat, dass ee riskéiert, dass eigentlech méi grouss Quantitéiten wäerte kaaft oder agepaakt oder ugebuede ginn, wat net onbedéngt sénnvoll ass, wa mer och nëmmen e bëssen AntiGaspi wëllen denken.

Drëtt kritesch Remark – ech hunn der sechs, da gesitt Der, wou mer dru sinn –, dat ass eng zum Pfandsystem. Bon, mir hunn eis an der Fraktioun och intensiv doriwwer Gedanke gemaach, mir haten och en Amendement dozou preparéiert, hunn deen awer finalement net agereecht. Mir deelen allerdéngs d'Kritik, déi d'c, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers gemaach hunn. D'Chambre des Métiers schreift souguer „s'oppose catégoriquement“ zum System. De Pfand huet eeben einfach organisationell, finanziell, logistesche Problemer, déi ganz schwieereg wäerte sinn.

An do komme mer op déi selwecht Problematik zrëck, déi ech virdrun ernimmt hunn: Et wäert keen internationale Gedréckshändler eng Bécks oder eng Etikett oder e Glas maachen, wou eis Pfandindicatioun wäert dropstoen. Dofir ass eise Marché ze kleng. Däitschland huet dat, mee déi sinn zu 65 Milliounen. (veuillez lire: 83 Milliounen). Mir sinn nëmmen zu 600.000. Mir wäerten dat ni kréien, an da wäert de Pfandsystem schwieereg bis onméiglech ëmsetze sinn. Ech weess net, wéi een et soss mécht op der Grenz. Ech ginn déi Säit meng Bécks kafen, ech geheie se dës Säit an an ech kréie Pfand fir eppes, wat ech hei guer net kaaft hunn an esou weider.

Also, dat gëtt nach spannend. Ech weess net, wéi Der dat dote wëllt ëmsetzen. De Pfandsystem hätt een och a Koordinatioun mat den Nopeschlänner mindestens missen diskutéieren. Ech weess net, wéi dat doten an der Praxis ëmsetzbar ass. Dat ass e Riseproblem, an dat ass och, mengen ech, net mat engem Acteur wéi der Valorlux ofgeschwat oder diskutéiert ginn.

Véiert Remark, an dat ass éischter dann eng Fro, dat ass déi Deponie „Muertendall“. Ech nenne se hei mam Numm, dat ass méi kloer, da weess jiddereen, wat et ass. An de Rapport huet et och gesot, dass mat dësem Gesetz eigentlech déi Lafdauer vun den Deponien, déi elo nach EU-konform bis 2035 erlaabt sinn, ëm fënnf Joer verkierzt gëtt. Elo ass et awer esou, dass hei eeben e Businessplang mat dem Horizont 2035 gemaach ginn ass an net mam Horizont 2030, dass do also fënnf Joer feele fir Amortissementsfrais an esou weider. An dass dat natierlech de Bedriwer Schweesspärelen op d'Stier dreift, dat ass kloer.

Mir haten och heizou en Amendement preparéiert, mir hunn en awer net an d'Kommissioun abruucht, well eeben notament d'Madamm Ëmweltminister, d'Ministesch Carole Dieschbourg, gesot huet, si wier mam Secteur an der Diskussioun, fir do eng Léisung ze fannen. Duerfir ass meng Fro, Här Minister, ob et

schon esou eng Léisung gëtt, ob mam Secteur, mam SIGRE an dësem Fall, dann och geschwat ginn ass an ob een do ka soen: „Voilà, do si mer op engem gudde Wee.“ Et gëtt jo eventuell dee Moment, wéi gesot gouf, eng aner Notzungsméiglechkeet fir déi Deponie, fir dass eeben d'Leit net herno finanziell ganz staark an d'Labrante kommen.

Fënneft Remark, dat ass déi vun der Organisatioun vun de Ressourcenzenteren, deene Ressourcenzenteren, déi elo zousätzlech zu deem, wat mer hunn am Land, wäerten entstoen. Déi solle jo am Fong geholl jidderengem fräi zougänglech sinn. Mir haten do eigentlech proposéiert, een nationale Kaartsystem ze organiséieren, fir datt net eng Zort Tourismus do entsteet, datt ee seet: „Mee do ass den Déngscht besser, do kommen ech besser bäi“, oder „Dat do läit op mengem Aarbechtswee“ an esou weider an esou fort. Well dat wäert jo d'Konsequenz hunn, dass Gemengen, déi eebe vläicht méi zentral oder op enger Achs leien, wou och ëmmer, riskéieren, datt hire Recyclingpark iwwerlaf gëtt mat Leit, déi iwwerhaupt net an der Gemeng wunnen, an op déi anerer Manéier anerer eventuell net méi déi Leit hunn, obwuel se d'Capacitéit hätten, fir Leit ze empfänken.

Duerfir hätt een dat eigentlech kënne mat engem nationale Kaartsystem organiséieren respektiv derfir suergen, dass an enger Form déi Fraisen, déi entstinn, och da vun där Gemeng, wou d'Bierger hierkommen, refacturiert kënne ginn. Dat wäert elo net méiglech sinn, well et hei am Fong geholl biergero – dat ass richtig – ganz einfach gemaach gëtt, mee et bleift awer herno eng Fro. Ech weess net, ob de Minister eis ka soen, ob doriwwer nogeduecht gëtt, wéi een dat dote wëllt geréieren, well am Fong geholl d'Fraisen och dohinner gehéieren, wou d'Leit wunnen.

Déi sechst Remark, an dat ass bei menge kritesche Remarken – wann ech dat esou däerf nennen – déi Lescht, dat ass déi vun de Reklammen. Dat ass eigentlech éischter och eng Froestellung. Mir begräisse generell, dass en Opt-out-System duerch en Opt-in-System ersat gëtt, wou ech also d'Optioun huelen, dass eppes a meng Boîte gehäit gëtt. D'office däerf näischt dragehätt ginn. Ech muss also op menger Bréifkëscht soen: „Ech wëll Reklamme kréien.“ Dat ass prinzipiell eng gutt Saach. Et wäert awer derzou féieren, dass et och komesch Momenter wäert ginn. Mir wäerten do sécherlech nach e bësse brauchen, bis dass jiddereen dat dote fonnt huet. Mee et wäert derzou féieren, dass zum Beispill e Geschäft, wat an enger Lokalitéit opmécht, net däerf d'Leit doriwwer informéieren. Et däerf keng Publicitéit maache fir ze soen: „Ech maachen eng Ouverture, ech ruffen d'Leit.“ Ausser et géif dann de Wee goe fir ze soen „Wann elo e Veräin do ass, deen e Flyer mécht, da sponsere mer deen an da kënne mer do eng Informatioun drop bréngen.“

Dat ass elo einfach praktesch geduecht, mee et wäerte sech ganz vill Froen do stellen. Wéi wäit kann dat goen? Net dass mer herno Billerbicher hunn, déi an d'Boitté kommen, wou iergendwou ënnen den Auteur dann e Club ass, dee seet: „A jo, ech feieren dëst oder dat den nächste Weekend, kommt laanscht kucken!“

Dat ass nach spannend. Also, et ass eppes, wou ee seet: „Dat ass gutt!“ Mee d'Detailarbecht hannendrun, dat muss een awer wirklech a Fro stellen. Et muss een awer wirklech soen, datt dat, fir dass mer zillféierend sinn, dann awer nach soll kommen.

Zum Schluss wollt ech nach just e puer Saachen uschwätzen, déi am Fong geholl net am Gesetzespak stinn. Dir hutt et gemierkt, ech sinn och elo guer net op déi eenzel Detailer vun de Saachen agaangen, ech hu just eebe generell e puer Kritikpunkten opbruecht.

Et gëtt beim Plastik – an et ass och ugeschwat ginn –, beim Mikroplastik déi Situatiounen, déi mer jo och

alleguer kennen, dass mer Fotoen entdecken, wou Plastik uechtert d'Welt am Mier, an der Arktis, souguer dann och am mënschleche Blut noweisbar ass, oder och an der Otemloft nozeweisen ass. Dat sinn dramatesch Situatiounen. Et ass evident, mengen ech, dass een do muss handelen.

Elo ass et awer esou, dass zwee Drëttel vun deem Plastikoffall, deem Mikroplastik, eigentlech aus der Kleedung kommen, vun den Textilien. Duerfir ass elo eng Léisung déi fir ze soen: „Ma et ginn elo Wäschmaschinne mat Filter geholl, dann hu mer deen zumindest op deem dote Volet eraus.“ Nach hu mer se awer um Kierper. An duerfir meng Fro, ob een net och op EU-Niveau eemol muss doriwwer nodenken, ob eigentlech den Taux vun der synthetischer Kleedung dauerhaft soll esou sinn, ob een hei einfach elo seet: „Dat ass elo gutt esou, wéi et ass!“ – dat ass jo e bëssen d'Fro – oder ob een op deem dote Punkt, op deem Niveau, net eigentlech misst eng Diskussioun ustousse fir ze soen: „Hei lauschtert, dat do ass awer eigentlech e Stéck vum Problem!“

Dat anert – an ech ka mech elo geiert hu mat deenen zwee Drëttel an een Drëttel, ech mengen, et sinn zwee Drëttel bei den Autos pneuen an een Drëttel ass deen aneren, neelt mech net dorobber fest – ass d'Ofreiwe vun den Autos pneuen, dat ass am Fong geholl jo deen aneren Deel. Och do misst ee sech eigentlech d'Fro stellen, ob d'Fuerschung net eppes Besseres ka produzéieren wéi dat, wat mer haut hunn. Et weess een et net. Mir wëssen, dass et eng Firma gëtt, déi probéiert oder déi Tester mécht a Fuerschung mécht fir ze kucken, ob een net aus PET-Flaschen och Dealer vu Gummispneue ka maachen. Voilà, ob dat awer elo derzou féiert, dass déi dann net méi herno als Mikroplastik doruechter schwielen, dat ass eng aner Diskussioun. Do kenne mer eis net aus. Dat betrëfft d'Fuerschung. Och dat ass en Appell fir ze soen, datt een och do misst Verschmutzungsszenarien hunn an och do vläicht misst Léisunge fannen.

Ben, dat ass de Problem vun der Fuerschung. Da gëtt et awer och nach en anere Problem an dat ass dee vun der Neinotzung, well et geet jo drëm, dass mer iwwerhaupt esou mann wéi méiglech nach Offall produzéieren sollen, wat kloer ass. Mee et wäert es ëmmer e bësse bleiwen, dat wësse mer alleguer heibannen. Et wäert also och ëmmer eng Diskussioun ginn iwwert d'Notzung vun deem Plastik, deen dann awer iergendwou an de Recyclage erëm erakënn, also eng nei Notzung. D'Économie circulaire beim Plastik kann een, wann een et ganz staark hält, vläicht benotzen, mee dat geet e bësse wäit.

Fakt ass awer de Problem, dass den Neiplastik aus Äerduleg bis dato ëmmer nach méi bëlle ass wéi de Plastik aus Recyclater. Dat ass e bëssen de Problem. An do gëtt et zwou Froen, déi ech an deem Kontext hunn. Dat ass déi, datt een misst Initiativen huele fir ze suergen, dass de Plastik méi reng ka getrennt ginn. Do gëtt et Fuerschungsprojeten. Elementer, wéi een dat kéint maachen, wéi dat kéint goen, sinn, dass dee Plastik zum Beispill agefierft gëtt, eenzel Dealer dervun, déi dann ënner Laser ze trenne sinn, déi net ze gesi sinn, mee déi awer d'Maschinne kënne vuneene trennen. Esou Iwwerleeunge gëtt et. An dat géif derzou féieren, dass een eigentlech eng besser Qualitéit am Recyclage kéint erëien.

Dat Zweet, dat ass – an dat wollt ech de Minister froen –, ob net ugeduecht ass, datt een och vläicht mat Subventiounen kéint fonctionéieren, fir dass Recyclater iwwerhaupt eng Chance hunn, um Marché kënne konkurrenzfähig ze sinn an erëm kënne genotzt ze ginn.

Dann nach eng aner Remark. An Däitschland gëtt et e System bei der Post, wou se e Mehrwegsystem

agefouert hunn. Si nennen e RePack. Et ass am Fong geholl esou, dass d'Päck, déi zougestallt ginn, esou emballéiert sinn, dass den Emballage, wat eng Zort Posch ass, méi dacks ka benotzt ginn. Dat wier och vläicht eng Iddi, déi een enzwooch eng Kéier kéint mathuele bei Leit vun eiser POST, fir sech eng Kéier unzekucken, ob net och hei esou e System kéint interessant sinn.

Dann nach eng lescht Remark mengersäits, da sinn ech fäerdeg, zu deene Gesetzesprojeten, déi hei drastinn vum Recycling vun elektronische Geräter. Do mierke mer jo awer nach eng aner Problematik hannendrun, an dat ass déi, dass et ganz oft keng Reparaturméiglechkeet gëtt bei ganz villen, besonnesch klengen Apparater, net nëmme beim Handy, zum Deel souguer, well einfach keng Ersatzstécker produziéiert ginn, well dat einfach net gemaach gëtt. Bei den Handyen ersetze mer alles, amplaz dass mer en Deel ersetzen. Dat ass kloer.

Eis däitsch Noperen hunn an hirem Koalitionsvertrag esou e „Recht auf Reparatur“ drastoen. Dat ass nach net ëngesat, se hunn et awer drastoen, dat ass interessant. Här Minister, Dir sidd jo dacks ënnerwee, Dir kéint jo da vläicht och eng Kéier froen, ob se schon e Stéck weiderkomm sinn. Et kann ee sech jo inspiréieren u gudden Iddien.

Eng aner gutt Iddi ass awer déi: Frankräich an Éisträich ginn hire Leit e Reparaturbonus. Dat ass esou eng Aart Primm fir en Haushalt, wann een Elektrogeräter reparéiert, amplaz dass ee se ewechgeheet. Si soen: „Dir hutt eppes zegutt, wann Der se an eng Reparatur gitt, da gëtt en Deel dovunner iwwer eng Primm ofgedeckt.“ Och esou Systemer kann ee sech iwwerleeën. Ech denke schon, dass beim Elektroschrott nach munches ze maachen ass.

Et ass jo och net fir näischt, dass et esou Repair-Caféen an Änleches gëtt, well d'Leit dach awer och ganz dacks net wëllen eppes ewechgeheien, wou se soen: Ass et wirklech esou futti, dass et net méi ze flécken ass?

Voilà! Ech kommen awer zum Schluss. Et kéint een nach vill iwwert d'Offallgesetzgebungen hei soen. Ech hunn et virdru gesot: Et ass an a fir sech e positiven Elan. Mir sollen dee positiven Elan och ënnerstetzen.

Mir soen awer gläichzäiteg, dass mer just zu dräi Projeten, an zwar de 7656, de 7699 an de 7701 – ech ginn net méi op den Detail an, wat se beinhalten –, eis Zoustëmmung ginn. Mer ginn d'Zoustëmmung awer net zu deenen aneren zwee Projeten, deen een, de 7654, an deen aneren, de 7659, eng Kéier haaptsächlech weinst dem Pfandsystem, well mer fannen, dass deen de Moment verfréit kënnt an d'Problemer net geléist sinn, an dat anert ass d'Fro vun de Recycling- a Ressourcenzenteren an de Supermarchéen, en Haaptkritikpunkt, ech hu virdrun probéiert, e bësselchen ze erklären, wou mir stinn.

Dat gesot, Här President, soen ech Merci fir d'Gedold, fir d'Nolauschteren an ech war mam Timing richtig gutt.

Merci!

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci dem Här Schaaf. Den nächsten geschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Hahn. Här Hahn, wannechgeift.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. An de Bëscher, op de Plagen, um déifste Mieresbuedem, souguer um Nord- an um Südpol, et gëtt keng Plaz méi op dësem Planéit, wou de Mënsch net seng



Spuren hannerlooss hätt; net seng Spuren, méi richtig ass, net säi Knascht! Laanscht d'Strooss, wann d'Leit mengen, hiren Dreck mussen aus dem Auto ze geheien, am Bësch, wou Verschiddener sech net genéieren, hir Dreckschësch eidel ze maachen, oder op der Plage, wou d'Mier all Méiglech uspullt. Mir kennen allegueren déi schrecklech Biller vun Déieren, déi elendig zugronn ginn, well se Plastik gefriess hunn.

Mee net all Knascht gesäit een! An deenen ofgeleeënste Regiounen vun der Äerd, wéi an der Antarktis, hu Fuerscher scho viru Jore Mikroplastik fonnt. Op Plazen, wou nach ni e Mënsch war, leeft eis eisen ökologesche Foussofrock viraus. An et brauch ee guer net esou wäit sichen ze goen!

Am Mäerz vun dësem Joer hu Wëssenschaftler fir d'éischte Kéier Plastik am mënschleche Blut fonnt. Obwuel déi gesondheetlech Auswierkungen heivunner net bis an den allerleschten Detail gekläert sinn, wësse mer alleguer: Dat kann net gutt sinn! Méi daitlech kéinte mer net virun Ae gefouert kréien, dass mer net esou weidermaache kënnen. Iwwerall, wou mer hikuken, iwwerall, wou mer wulle ginn, fanne mer Plastik: an eisem Iessen, an eisem Waasser, souguer an der Loft a schlussendlech och an eisem Kierper.

Dobäi ass de Plastik sécher eent vun de krasste Beispiller, mee awer net deen eenzege Problem, deen den aktuelle verschwendereschen Ëmgang mat eise begrenzte Ressourcë schaaft.

D'Klimakris, de Verloscht vu Biodiversitéit, d'Verknaschtung vun de Weltmierer, vun eise Bëscher, Wisen a Felder hänke fundamental zesummen. Dat eent huet en Afloss op dat anert. Mir kënnen net dat eent upaken an dat anert leie loossen. Mir musse staark Mesurë géint de Klimawandel huelen a gläichzäiteg och der Wegwerfgesellschaft de Kampf usoen, soss hu mer net vill erreecht.

Vill Géigestänn sinn esou konzipéiert, fir se einfach ewechzegeheien, wa se futti sinn. Et ass eis all bestëmmt scho virkomm, dass een zum Beispill eng al Méimaschinn, en Hochdruckreiniger oder wat och ëmmer, déi eigentlech nach tiptopp an der Rei waren, vläicht e klengen Defekt haten, net méi flécke gelooss huet, well d'Reparatur einfach vill méi deier wier oder änlech deier wier, wéi en neit Gerät ze kafen.

Et gi vill esou Beispiller. Vill Saache ginn nëmme produzéiert, fir duerno direkt an der Poubelle ze landen! Wäertvoll Ressourcë ginn op déi Manéier verbëtzt a Bierger vun Offall verknaschten d'Natur.

De Prinzip vun der Kreeslafwirtschaft gesäit vir, d'Ressourcen esou effizient an nëmme geet ze notzen, andeems se ëmmer erëm nei verwäert ginn. Dat ass e komplexe Paradigmewissel par rapport zur Aart a Weis, wéi mer haut fonctionéieren. An dach ass et am Fong déi Approche, déi vill méi sënnavoll ass.

D'Iddi vun der Kreeslafwirtschaft esou gutt et geet an alle Beräicher ze applizéieren, ass sécher keng kleng Erausforderung, an awer ass et hei d'selwecht wéi a villen anere Beräicher. D'Opportunitéite sinn enorm. Lëtzebuerg zu engem Virreider an deem Domän ze maachen, ass eng ganz grouss Chance fir eis Wirtschaft, fir eise Standuert a fir eis Gesellschaft am Allgemengen.

Stand 2019 fléien zu Lëtzebuerg awer nach all Joers 200 Kilo Offall pro Persoun an déi schwaarze Dreckschësch, 200 Kilo, déi zum gréissten Deel zu Leideleng verbrannt ginn an domat och fir ëmmer verluer sinn. 60 % dovun kéinte recycéléiert ginn, kéinten an enger oder an där anerer Form nach eemol benotzt ginn a kéinten domat nach eng Kéier en anert Liewe kréien.

Mir gesinn also: Do ass nach vill Sputt no uewen! Am Verglach mat anere Länner sti mer zwar haut schonn net esou schlecht do, mee trotzdem muss och hei a Lëtzebuerg sech nach vill an dësem Beräich doen.

An ech mengen och, dass vill Leit dobaussen dat d'selwecht gesinn. D'Sensibilitéit fir dee Sujet ass an de leschte Joren immens geklommen. Dat gesäit een eleng un de sëllegen Initiativen, déi an d'Liewe geruff goufen. Ech denken zum Beispill u verschidde Butteker, déi, jo, ganz ouni Verpackungen auskommen an hir Produiten esou do verkafen. Oder ech denken un d'Bewegung vun de Repair-Caféen, déi sech och zu Lëtzebuerg ëmmer méi verbreedten.

A Sondagë sinn nieft dem Logement Froe vun der Nohaltegkeet schonn zënter enger gudder Zäit ëmmer mat virbäi. Während der Pandemie hunn och ganz vill Leit de Wäert vu lokalen a regionale Produiten nei entdeckt. Alles an allem mierkt een et ganz gutt, dass eng Demande vun de Leit do ass, weider Efforten ze maachen. D'Leit erwaarde sech, dass d'Politik hir Responsabilitéit iwwerhëlt an ambitiéis Mesuren decidéiert, fir den Offall ze reduzéieren, fir eis Ëmwelt besser ze schützen a fir de Kampf géint de Plastik seriö unzegoen. Dës Regierung mécht genee dat!

Mat dësem Package vu fënnf Gesetzesprojete maache mer e grouss Schrëtt a Richtung Paradigmewissel, wat den Ëmgang mat eise Ressourcë betrëfft. D'Zil ass ganz kloer: Null Offall.

Wat heescht dat genee?

Éischtens: „reduce“. All onnéidegen Offall soll, esou gutt et geet, evitéiert ginn. Am beschte Fall sinn eis Produite vun Ufank un esou konzipéiert, dass esou mann wéi méiglech Knascht ufält an dass op onnëtz Verpackung verzicht gëtt.

Zweetens: „reuse“. Mir mussen ewechkomme vun den Eweeeproduiten, déi eemol benotzt ginn an duerno direkt an d'Poubelle fléien. Fir ganz vill Produite gëtt et Alternativen, déi e puermol benotzt kënnen ginn. Derbäi kennt dat Beispill, dat ech virdru vun der Méimaschinn oder vum Hochdruckreiniger genannt hunn. Vill ze vill Saache ginn einfach ewechgehäit, och wa se u sech eigentlech nach tiptopp an der Rei wiere respektiv just Klenggekeeten drun ze flécke wieren.

D'Benotzdauer vu villen Alldagsprodukte kéint daitlech verlängert ginn duerch kleng Reparaturen oder andeems se – firwat net? – zu e puer genotzt ginn. Hei si mer da beim Stéchwuert Sharing Economy. Wéi dacks brauch een dann elo wierklech eng Buermaschinn? Perséinlech hänken ech elo net grad all Dag nei Biller op.

(Hilarité)

Och hei kéint een dës zum Beispill mat senger Noperschaft, mat senger Familljememberen zesumme kafen an zesumme benotzen an deelen. Och do stieche mer hei zu Lëtzebuerg nach an de Kannerschung, wann een eis vergläicht mat anere Länner op eisem Planéit. Do kënnen mer definitiv nach besser ginn.

Drittens: „recycle“. Wéi scho gesot, kéinte 60 % vun deem, wat an eiser schwaarzer Dreckschësch lant, en neit Liewe kréien, am plaz verbrannt oder, nach schlëmmer, vergruween ze ginn. Och hei kann intelligenten Design vill derzou bäidroen, dass verschidde Produite besser recycéléiert kënnen ginn. Eng Verpackung just aus engem Material léisst sech daitlech méi einfach recycéléieren, wéi wa se aus verschidde Materialien, déi am schlimmste Fall souguer nach net uerdentlech maschinell ze trenne sinn, konzipéiert ass.

(Interruption)

Gläichzäiteg gëllt et och, d'Leit ze incitéieren, hiren Offall och tatsächlech ze trennen. An do stinn

d'Gemengen dann natierlech och an der Verantwortung, zum Beispill duerch en Taxesystem, deen de Recycling encouragéiert. Ech wëll sécher hei net mam Fanger op deen een oder anere weisen, mee wann et op verschidde Plazen hei am Land nach keng separat Kollekt gëtt vun organeschem Offall, Glas, Pabeier a Reschtstoff, da brauche mer eis, salopp gesot, net ze wonneren.

Une voix | Très bien!

**M. Max Hahn (DP)** | De Package, ëm deen et haut de Mëtten hei an der Chamber geet, proposéiert eng ganz Rëtsch u Mesuren, fir eis Ziler an der Offallgestioun ze errechen.

De Rapportier, an deem wëll ech op dëser Plaz scho Merci soen, ass schonn am Detail op déi verschidden Dispositiounen vun de fënnf Gesetzer agaangen. Ech wëll mech dowéinst drop beschränken, verschidden Elementer erauszepicken, déi eis als Demokratesch Partei als ganz wichteg erschéngen.

De Kampf géint den Eweeplastik gehéiert ouni Zweifel zu deem Wichtigsten an Dréngendsten an dësem Beräich. D'Decisioun op EU-Niveau, eng ganz Lëscht vun esou Produiten ze verbidden, stellt sécherlech e Meilesteen duer. Domat ass d'Aarbecht awer nach laang net geden!

Vill aner Produite bleiwen nämlech nach weider am Ëmlaf, déi net verbuede ginn. Hei hëlt den Text d'Produzente verstärkt an d'Verantwortung, fir d'fir ze suergen, dass de Verbrauch vu verschidde Produiten aus Eweeplastik erofgeet. Och musse se sech un de Käschte bedeelegen, fir den Dreck ewechzemaachen, wann hir Produiten an d'Ëmwelt gehäit ginn.

Besonnenesch d'Produzente vun Zigarette sinn heivu beträff. Wann ee kuckt, wéi vill Zigarettestëmp einfach op de Buedem geworf ginn, a wann ee sech bewosst ass, wéi eng Verknaschtung dat duerstellt, da gëtt et héich Zäit, dass sech hei eppes deet!

De sougenannte „Littering“, dee sech natierlech net nëmmen op Zigarette beschränkt, ass e Phänomeen, dee sech ëmmer méi verbreet an och d'Allgemengheet deier kascht. Ronn 1,2 Milliounen Euro gëtt de Lëtzebuerger Staat all Joer aus, fir eleng de Knascht laanscht d'Stroossen ewechzemaachen! De Littering ass eng Plo, där mer mat alle Mëttele musse probéieren, Meeschter ze ginn.

Als DP begrësse mir dowéinst, dass mer mat dësem Gesetzesprojekt nei Weeër ginn, an dass d'Produzenten, jo, mat an d'Boot geholl ginn, fir géint de Littering ze kämpfen.

Här President, grouss Fester sinn traditionell déi Momenter, wou zwar ëmmer manner, mee trotzdem nach ëmmer ganz vill Eweeplastik benotzt gëtt. Sief et Sportevenementer, Concerten, Nationalfeierdag oder soss Geleeënheeten, wou et ze iessen an ze drénke gëtt: Et ass hei, wou an der Reegel nach vill ze vill Offall produzéiert gëtt a soumat och Offall kann evitéiert ginn.

Mir sinn als DP och der Iwwerzeegung, dass et guer net esou komplizéiert ass, fir hei aner Weeër ze goen. Et ginn hei och scho ganz gutt Beispiller, wou dat immens gutt fonctionéiert. Dernieft ginn et genuch Beispiller, wou dat, wéi gesot, op grouss Manifestatiounen europäescher Natur souguer mat Dausende vu Leit schonn exemplaresch geklappt huet. Et geet, wann een et just wëll!

Dowéinst gëtt et fir eis dann och keng Excuse, dat net iwwerall am Land obligatoresch ze maachen. Ab dësem Oktober dierf keen Eweeplastik méi, sief et Telleren, Becheren, Besteck an esou weider, op öffentleche Veranstaltungen genotzt ginn. Domat bleift genuch Zäit

fir d'Klibb, fir iwwert d'Summerméint de leschte Stock opzebrauchen. Et muss ee wëssen, d'Mise sur le marché vun dësen Artikelen ass jo souwisou schonn zënter Juli 2021 an der EU net méi erlaabt.

Bis Juli 2024 sollen dann nach just Mehrwegproduiten op de Fester benotzt ginn. Et ass an eisen Aen eng vergläichsweis einfach Mesure, déi awer e groussen Impakt wäert hunn.

En anert Beispill, bei deem och vill onnëtzten Offall entsteet, och erëm beim Iessen, ass, wann een eppes bestellt oder eppes mat heem hält. Perséinlech bestellen ech zum Beispill emol gäre Sushi doheem. Wat mech do ëmmer stéiert, dat sinn déi enorm Quantitéiten u Verpackung a ganz oft och Plastikverpackungen, déi een da kritt, déi dacks de Wee direkt an d'Dreckschëscht oder an d'Valorlux-Tut fannen.

Och hei dierft et net allze schwéier sinn, Alternativen unzibidden. De Ministère huet jo schonn de Projet vun der Ecobox an d'Liewe geruff. Ähnlech kann ee sech virstellen zum Beispill bei anere Liewensmëttel, déi ee vläicht méi einfach verpaakt kritt wéi Sushi, deen ech genannt hunn, oder firwat net, och d'Pizzan.

Mir begrëssen aus deem Grond, dass dat bis 2025 obligatoresch wäert ginn. Am beschte wier et natierlech, e System auszeschaffen, wou de Gros vun de Restaurateuren am Land géife matmaachen, fir de Switch hin zu engem méi ëmweltfrëndleche System och esou einfach wéi méiglech fir de Client ze maachen.

Fir eis als Demokratesch Partei ass dat e ganz sprangende Punkt. Selbstverständlech muss mer d'Leit sensibiliséieren a responsabiliséieren, fir dës Transition hinze kréien. Jiddweree muss nämlech säin Deel dozou bäidroen.

Gläichzäiteg muss een awer och kucken, keng onnéideg Ëmstänn ze schafen, de Leit d'Liewen net onnéideg schwéier ze maachen. Bei esou engem ambitiëse Programm wéi deem mussen d'Leit matgehoen ginn, och déi, déi net vu sech aus direkt dervun iwwerzeegt sinn.

E positivt Beispill an déi Richtung ass sécher d'Tatsaach, dass een an Zukunft an dee Ressourcenzenter ka goen, deen am noosten ass. Dat kënn sécherlech esou munchem entgéint, deen net onbedéngt heiweinst en Ëmwee brauch ze fueren.

Mee och Systemer wéi d'Valorlux, déi sech an der Vergaangenheet bewäert hunn, solle fir eis an Zukunft weider ënnerstëtzt, wann net esouguer ausgebaut ginn. Nieft enger genereller Preventioun vun Offall ass dat fir eis dee beschte Wee, fir esou vill Leit wéi méiglech mat op dee Wee ze huelen.

Fir awer nach ee Moment op de Plastik zrückzekommen: Eng vun de gréisste Geforen, déi vum Plastik ausgeet, ass, wann e sech bis a minuscule Partikelen zersetzt an esou iwwerall verbreet, jo, souguer bis an de mënschleche Kierper. Déi Erkenntnis kann ee wierklech net kalloossen. Si weist ganz androcksvoll, dass et absolut noutwendeg ass, de Kampf géint de Mikroplastik weider ze verstärken. D'Dispositiounen an där Hisiicht, fir zousätzlech Filteren a Wäschmaschinne virzeschreien a verschidde Produiten, déi Mikroplastik enthalen, jo, souguer carrement ze verbidden, sinn dowéinst an eisen Aen och déi richteg Decisioun.

Här President, ech ka leider net op all eenzel Mesure vun dësem Package agoen. An et géif sécher nach ganz vill ze soe ginn. Ech wëll zum Schluss nach op ee Punkt agoen, dee fir eis als DP och ganz bedeutend ass.

De Bausecteur ass ee Beräich, an deem immens vill Ressourcë verbraucht ginn, wou vill Material gebonne gëtt a wou et deemno ganz sënnavoll wier, d'Prinzippe vun der Kreeslafwirtschaft konsequent ëmzesetzen.

Fir eis als DP sollen déi zukünfteg Gebaier quasi als Rostofflager kënnen genotzt ginn, an aus dëse Ressourcë vun engem ale Gebai misst et dach méiglech sinn, erëm neier opzeriichten. E wichtege Schrëtt an deem Kader ass, fir mol fir d'éischt genoe ze wëssen, wéi eng Materialien dann och wierklech verbaut ginn. Aus deem Grond gëtt mam neie Gesetz en Inventaire agefouert, an deem dës Informatiounen festgehalte musse ginn.

Tatsächlech benotzt de Gesetzestext och de Begrëff vun der Dekonstruktioun vun engem Gebai, woumat explizit op d'Idi vun der Kreeslafwirtschaft verwisen gëtt. D'Dekonstruktioun vun engem Gebai muss vun Ufank u matgeduecht an aberechent ginn. Dësen Inventaire ass den éischte Schrëtt an déi richteg Richtung.

Et gëtt do sécher och nach vill Aarbecht, fir nei an innovativ Léisungen ze entwéckelen, bis dass mer effektiv e Gebai hunn e bësse wéi an der Lego-Technik, an dass d'Materialien eeben ëmmer nei benotzt kënnen ginn.

Als DP denke mir awer och, dass genoe dat de richteg Wee ass, a mir sinn och iwwerzeegt, dass dës Entwécklung aktiv gefërdert an ënnerstëtzt muss ginn, och iwwert dëse Gesetzestext eraus.

Här President, am Virfeld vun dësem Gesetzespackage hu sech eng jett Froe gestallt. Et gouf och Kritik vu verschidde Säiten, grad ewéi Suergen, wéi een Impakt dës Texter um Terrain wäerten hunn.

Fir eis als Demokratesch Partei ass et wichteg, dat eescht ze huelen. Mir mussen elo an deenen nächste Méint a Jore mat alle concernéierten Acteuren kucken, fir d'Ëmsetzung beschtméiglech ze begleeten an ze suivéieren. Dofir ass d'Motioun – herno wäert se deposéiert ginn – fir eis och ganz wichteg, déi dann ënner anerem e Bilan no zwee Joer zu dëse Gesetzestexten wäert virgesinn.

Et muss nämlech gekuckt ginn, ob mer déi éiergäizeg Ziler, déi mer eis zweifellos heimat setzen, och tatsächlech an der Praxis erreechen. Mir mussen eng objektiv Analys maachen, fir ze kucken, wat gutt fonctionéiert huet, wat manner gutt a wat och vläicht kontraproduktiv war. An da mussen mer deementspriedend nobeseren.

Fir eis als DP geet et nämlech drëms, konkret Fortschreitter an där Matière ze erzilen, an dëst op eng pragmatesch an objektiv Aart a Weis. Et ass dat, wat fir eis allegueren zielt. Et geet schliisslech ëm eng grouss Erausforderung, virun där mer als Gesellschaft stinn. An do mussen mer all d'Mesuren huelen, déi néideg sinn, fir dës ze meeschteren.

Déi fënneg Gesetzestexten, déi haut zur Debatt stinn, sinn e wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung. Si setzen d'Jalonen, fir d'Offallgestioun an den nächste Joren nei auszeriichten. D'Offallvermeidung gëtt als éischt Prioritéit definéiert. Knascht, deen net zustane kënnt, ëm deen ee sech och keng Gedanke méi brauch ze maachen, dat ass de richteg Wee.

Fir de Rescht mussen mer dohinner kommen, eis Ressourcen esou effizient wéi méiglech anzesetzen, andeems mer ënner anerem d'Kreeslafwirtschaft ukuerbelen. Dës Gesetzzer sinn do just en Ufank. An Zukunft mussen weider Efforte gemaach ginn, fir Lëtzebuerg zu engem Virreider an der Circular Economy ze maachen.

Eis natierlech Ressourcë si begrenzt. Esou weiderzemaache wéi bis elo ass hei sécherlech keng Optioun. D'DP ënnerstëtzt all Schratt am Sënn vun engem intelligenten Ëmgang mat eise Ressourcen an de Kampf géint d'Verknaschtung vun der Natur.

Ech sot et virdru schonn, mee ech mengen, well seng Aarbecht esou gutt war iwwer all déi Méint, vill iwwer Videokonferenzen, géif ech et dann nach eng Kéier maachen an dem Rapportier nach eng Kéier Merci soe fir seng zwee ganz gutt Rapporten. Ech géif Iech Merci soe fir d'Nolauschteren. Ech géif den Accord ginn zu deene fënneg Gesetzestexten an ech géif op dëser Plaz och nach gären der Ministesch, déi zoustänneg war fir déi heiten Texter, dem Carole Dieschbourg, Merci soe fir hire konsequenten Asaz an dësem Domän, wann et drëms geet, fir d'Offallvermeidung hei zu Lëtzebuerg konsequent virunzebréngen.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci dem Här Hahn. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, et ass un Iech.

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt emol wëllt ech dem Rapportier e grouse Merci soe fir säi gudde mëndleche Rapport an déi fënneg schrëftlech Rapporten. An och wann ech begrëissen, dass mir hei déi fënneg Gesetzesprojeten an enger Diskussioun zesummefassen, esou hu mir et hei wierklech mat engem ganz villschichtege Sujet ze dinn.

Dir hutt et gesot, Här Rapportier, et ass e Paradigme-wissel an der Offallwirtschaft an et ass fir eis och e richteg Wee an e wichtege Wee a Richtung Kreeslafwirtschaft. Ech mengen, mir sinn eis heibannen allegueren eens, dass e groussen Handlungsbedarf besteet, wat den Offall betrëfft. Iwwer Joerzénge hu mir d'Ressourcë souzesoen iwwerbenotzt an domadder hu mer se fir d'Zukunft méi knapp an och méi deier gemaach.

De Krich mat Russland gëtt eis e klengen, ech géif bal soen, e klenge brutale Virgeschmaach, wat et be-  
deut, wann d'Energie an d'Liewensmëttel zum Beispill net méi esou ganz einfach zur Verfügung stinn. Och doduerch gesi mer eis an Zukunft gezwongen, méi effizient mat den natierleche Ressourcen ëmzegoen. Konkreet bedeit dat, dass mer ophale sollen, d'Resourcen ze verschwenden an no engem ganz kuerze Gebrauch op den Tipp ze geheien.

Manner Offall produzéiere geet Hand an Hand mat enger Reduktioun vun der Ëmweltverschmutzung. An dat gëllt net nëmme fir problematesch Chemikalien, mee virun allem awer och fir eisen Ëmgang mam Plastik, deen an eise Alldag iwwerall present ass. Merci dofir dem Max Hahn fir seng Verbildlechung vun där Problematik.

D'Bewosstsinn dofir, wat fir e Schued dass dat no sech zitt, huet an de leschte Joren däitlech zougeholl. D'LSAP ënnerstëtzt deemno d'Ziler vun der neier Offallpolitik voll a ganz. Am wichtigsten ass et eis awer dofir, d'Preventioun vum Offall ze thematiséieren. Den Design vu Produkter an och d'Aart a Weis, wéi se verpaakt sinn, spillen e entscheidend Roll. Wa méi Produkter a besonnesch Liewensmëttel am Lassene géife verkaaft ginn, kënnt dat dem Consommateur entgéint, well e jo da just déi Quantitéit ka kafen, déi en och tatsächlech brauch.

Mir mussen och derfir suergen, dass esou vill wéi méiglech Wäertstoffer no engem éischte Gebrauch erëm fir nei Produkter kënnen gebraucht ginn. Produkter an och Materialien, déi liicht recycléiert kënnen ginn, mussen dofir favoriséiert ginn. E weideren Challenge ass och d'Qualitéit vun der Mülltrennung op allen Niveauen, ouni déi de Recycling natierlech net méiglech ass.

An enger leschter Etapp wäert et natierlech net ouni d'Reschtoffall goen, déi net méi kënnen an e



Produktionskreeslaf zräckgefuert ginn. E ganz gudden Deel dovunner sollt zumindest energeetesche kënne genotzt ginn, an esou sollen esou mann wéi méiglech Offall am Endeffekt op enger Deponie gelagert ginn.

Dat sinn déi grouss Prinzippien, déi eisen Ëmgang mat de Ressourcë steiere mussen. Bei deene fënnef Gesetzesprojeten, déi mer hei virleien hunn, handelt et sech zum allergréissten Deel ëm eng Ëmsetzung vun den EU-Direktiven. Et ass immens wichteg, dass awer verbindlech Reegelen um EU-Niveau festgeluecht ginn. Mir sinn an engem eenzege Bannemaart an dee kann nëmmen ouni gréisst onfairt Konkurrenzdenke funktionéieren an nëmmen, wann all d'Produkter, déi op dësem Marché circuléieren, deene selwechte Reegelen och ënnerworfen sinn, egal a wat fir engem EU-Land se produzéiert ginn oder awer och, vu wou se importéiert ginn.

Den Nodeel vun enger harmoniséierter Politik ass awer de Fait, dass all d'Memberstaaten mussen zesummen en Accord fannen. Eng heefeg Kritik un der EU ass déi, dass ee sech dacks just op dee klengste gemeinsamen Nenner kann eenegen. An d'EU riskéiert esou, fir Länner mat méi ambitiësen Ziler zur Fortschrittsbrems ze ginn. Fir dat ze vermeiden, erlaben d'EU-Richtlinnen et de Memberstaaten, besonnesch an Ëmweltfroe punktuell méi wäit ze goe wéi d'Mindestnormen, déi gemeinschaftlech festgeluecht goufen. Dat ass och bei der Offallgesetzgebung de Fall. An all eenzelne Punkte beschränke sech d'Gesetzesprojeten, déi mer virleien hunn, eeben net op de Mindeststandard, mee se ginn doriwwer eraus. Op d'Konsequenzen dovunner wäert ech dann e bësselche méi spët nach agoen.

Mir dierfen eis näischt virmaachen. De Liewensstil, dee mir am Moment hunn, ass ganz wäit ewech vun den Null-Offall-Ziler. Eleng d'Mindestnormen, déi mer an der Offallpolitik iwwert déi rezent EU-Direktive respektéiere mussen, awer och natierlech déi zousätzlech Oplagen, déi Lëtzebuerg aféiere wëllt, wäerten an der Praxis eng grouss Ëmstellung mat sech bréngen. Heiansdo sinn dat wierklech nëmme Klengegkeeten, déi sech zum Deel schonn agebiert hunn, zum Deel sinn et awer och ganz grouss Verännerungen, déi net nëmmen e Mentalitéitswiessel, mee virun allem awer och Investitiounen, Schoulung vu Personal, Iwwerschaffe vu Businessmodellen an esou weider no sech zéien an domadder och Onmut a verschiddene Secteure mat sech bréngen.

Dofir wëllt ech just an e puer Beräicher kuerz drop agoen, wat déi nei Reglementatioun fir déi verschiddenen Acteure bedeit.

D'Preventioun vum Offall: Hei spillt ënner anerem de Projet de loi 7654 iwwert d'Verpackungen eng weesentlech Roll, an natierlech och de Projet de loi 7656, dee méi speziell de Plastik betrëfft. Wat bedeit dat fir d'Produzenten? Wat bedeit et fir de Commerce?

Mir kruten eng Rei Avisen eran, déi duerchaus kritesch vis-à-vis vun deenen neie Bestëmmunge sinn. Ënner anerem gesäit de Gesetzesprojet jo vir, dass Uebst a Geméis onverpaakt muss ugebuede ginn an dass de Client fir d'Verpackunge muss bezuelen.

Et huet eis awer e bësse berouegt, dass d'Madamm Minister eis verséichert huet, dass Gespréicher mat deene Betreffene gefouert goufen an dass et gutt alternativ a méi ekologesch Léisunge géif ginn.

Mir hunn och d'Delaie verlängert, ab deenen eenzel Dispositiounen a Kraaft trieden, fir genuch Zäit fir eng Ëmstellung ze loossen.

Wat bedeit et fir de Client? Hie kritt et an Zukunft méi einfach gemaach, fir onverpaakt Wueren ze kafen. Well

wien am Moment wëllt méiglechst weineg Verpackung hunn an op Plastik verzichte wëllt, muss sech dacks mat enger ganz beschränkter Auswiel u Wueren zefridde ginn. Och gëtt et ëmmer méi Singlehaushalter, déi méi grouss Quantitéite mussen kafen, wéi se eigentlich brauchen, well d'Wueren ganz einfach a bestëmmte Volummen ofgepaakt ginn. A wann et méi Wueren am Lassene géif, wier dee Problem jo geléist.

Negativ fällt awer an deem Kontext och eng wäit verbreete Verkaufsstrategie op, bei där d'Leit mat Präisreduktiounen gelackelt ginn, fir am sougenannte „gros volume“ ze kafen, also nach méi, wéi se eigentlich brauchen. Hei sinn dann erëm Foodsharing-Initiative gefuerdert, wa si wëllen deem Problem entgéintsteieren.

Et muss een awer och soen, dass d'Ziler vun deem Gesetzesprojet nëmmen erreicht kënne ginn, wann et bei de Konsumenten zu engem Ëmdenke kënnt. Vill Leit kafen nun emol léiwer virverpaakte Wueren aus Bequemlechkeet, aus Zäitmangel. A während der Pandemie, während där d'Liwwerservicer u Belëiftheet gewonnen hunn, huet sech déi Tendenz och nach verstärkt. An et gëtt leider och nach ëmmer Leit, deenen dat alles zimmlech egal ass, déi nach net mat där Offalthematik a Problematik konfrontéiert goufen an déi hiren Dreck dann einfach an d'Natur geheien, ouni weider nozedenken.

Dat ass eng Erfahrung, déi net nëmmen Hygiëneservicer maachen, dat gesäit och jiddweree vun eis, wann e bei enger vun deene ville Fréijorsbotzaktiounen matmécht, déi reegelméisseg an de Gemengen organiséiert ginn. An dofir e grouss Respekt un all déi Bedeelegt.

Meng Virriedner sinn hei schonn in extenso op d'Thematik vun de Verpackungen bei de Liewensmëttel agangen. Jo, wéi gesot, et sollt esou sinn. Wann et dem Konsument dann awer mat der Zäit ze vill deier an ze vill komplizéiert sollt ginn, dann dierf ee wierklech net vergiessen, dass mir zu Lëtzebuerg vill Grenzen hunn, wou et ganz einfach ass, am Ausland seng Kommissiounen maachen ze goen oder awer online ze bestellen, wat vun der Verpackung a vum Transportwee hier nach eemol eng Kéier e Schratt no hanne bedeit. Dat ass also e Punkt, op deem ee ganz genau muss oppassen a wou ee muss kucken, wéi sech alles herno an der Praxis entwéckelt.

E weidere Punkt, dee ganz kritesch gekuckt gouf vun deene betreffenen Acteuren, betrëfft d'Afféiere vun enger nationaler Consigne. Effektiv gëtt et hei leider keng EU-wäit Reegelung. An Däitschland – et ass scho gesot ginn – gëtt et e Pfandsystem, dee schrittweis ausgeweit ginn ass, soudass och déi sougenannten „Einwegflaschen“ an Dousen dovunner beträff sinn.

De Client bezilt deemno fir d'Verpackung, kritt awer seng Suen zrëck, wann en des net einfach ewechgehëit, mee fir eng Weiderverwärtung zrëckbréngt. An esou engem klengen Land wéi Lëtzebuerg mat dräi Nopeschlänner mat ënnerschiddleche Systemer ass dat natierlech net ganz einfach. Den Här Schaaf ass och am Detail dorobber agangen. En nationale Pfandsystem anzeféieren ass do quasi onméiglech, well de Commerce da gezwongen ass, allméiglech Verpackungen zrëckzehuele vu Produkter, déi och eventuell guer net do verkaaft ginn.

Zur Preventioun gehéiert et dann och, dass eng Rei vu Produiten, fir déi et méi ekologesch Alternative gëtt, ganz einfach vum Marché geholl ginn. An dat wier absolutt ze begreissen.

Doriwwer eraus gesäit de Projet 7659 awer och Verbuerer fir d'Benotze vu Einwegbehälter vir, déi iwwert d'EU-Direktiven erausginn. Dat ass en Element, dat vun eenzele Berufschambere staark contestéiert ginn ass.

D'LSAP ass wuel grondsätzlech d'accord mat méi ambitiëse Virschreften, mee ënnert der Konditioun, dass se um Terrain och kënne ëmgeseit ginn an dass d'Ziler, déi ee sech domadder gesat huet, erreicht ginn. Genau dat gëtt vun enger Rei vun Acteuren a Fro gestallt.

D'LSAP erwaart dofir, dass déi praktesch Ëmsetzung vun der neier Gesetzgebung ganz genau suivéiert gëtt. Déi zoustänneg Verwaltungen mussen de betreffenen Acteure mat enger aktiver Berodung zur Säit stoen, fir dass si déi Ëmstellung och kënne packen. Falls néideg, muss och kënne géigegesteiert ginn, wann ee mierkt, dass et punktuell zu Feelentwécklung kënnt, déi net am Sënn vum Gesetz sinn.

Et muss een éierlech zouginn, dass de Pak vu Gesetz, déi mir haut stëmmen, esou vill verschidde Beräicher betrëfft a vun esou villen Acteuren Verännerungen verlaangt, dass ee wierklech net genee virausgesi kann, wou et herno bei der Ëmsetzung net wäert lafe wéi gewollt.

An op eenzelne Punkte kann een d'Suerge vun deene Betreffenen och verstoen, wa si net direkt eng Léisung fir hir Problemer ginn. Dat gëllt besonnesch fir de Beräich vun de Liwwerservicer an dem Takeaway, déi sech während der Pandemie staark entwéckelt hunn. De Fait, dass si just nach Mehrwegverpackungen dierfen notzen, mécht et besonnesch dësem Secteur ganz schwéier. D'Ecobox ass an deem Kontext wuel e ganz gudden Usaz. Allerdéngs geet et mat zwee Déppcher a verschiddene Gréissten nach laang net duer. Et gouf mol ugedeit, dass hei och aner Formen vu Behälter zesumme mam Horeca-Secteur sollen an den Ëmlaf bruecht ginn. Dat wier besser, wéi wann all eenzele Betrib muss no Alternative sichen. Et huet een awer schonn eng Zäiten näischt méi dovunner héieren. Vlächent kéint den Här Minister eis duerno soen, wou mer do dru sinn.

Verännerungen gëtt et och fir öffentlech Fester. Dat gouf och schonn hei ugeschwat. An och hei wier et ganz gutt, wann déi betreffenen Organisateuren vlächent eng Zort Guide kéinte kréie mat den Detailer, wat wéini, vu wéini u verbueden ass, an natierlech awer och Propose fir sënnavoll Alternativen.

En zweeten, ganz wichtege Volet vun der neier Gesetzgebung ass de Recycling. A Grondvoraussetzung fir de Recycling ass natierlech e propperen Tri vum Offall. Dat ass eng grouss Erausforderung, well all Eenzelne muss hëllefen, fir dass et klappt. An net nëmme mussen mer all motivéiert ginn, fir den Offall ze trennen, mir mussen déi Trennung och verstoen, wat wouhinne gehéiert. Bei Glas a Carton ass dat jo nach relativ einfach, obwuel et och hei ëmmer nach beschichte Produkter gëtt. Mee spéitstens bei der Valorlux-Tut ... Ech weess net, wéi et Iech geet, mee do ass et ënner Ëmstänn heiansdo schwéier erauszefannen, wat dann elo an déi Tut dierf oder och net.

De Gesetzesprojet gesäit vir, dass scho bei de Verkaufsstellen d'Méiglechkeete geschafe ginn, fir bestëmmten Zorten Offall ofzeginn. Vun eenzelnen Acteuren gouf net nëmmen den Opwand kritiséiert, deen dat fir de Commerce bedeit, mee d'Qualitéit vum Tri op esou Plaze gouf och a Fro gestallt. Wann dat bis en place ass, muss dat och iwwerpréift ginn.

Verännert ginn och d'Bestëmmungen doriwwer, wien den Offall asammelt a wéi en agesammelt gëtt. Hei gouf d'Roll vun de Gemenge gestärkt. Allerdéngs geet de Projet de loi net esou wäit, wéi de Syvicol dat gefuerdert hat, deen och am léifste gehat hätt, dass déi ganz Offallentsuergung an d'Kompetenz vun de Gemenge komm wier.

Opgrond vun der EU-Direktiv huet d'Definitioun vun den Déchets municipaux awer geännert. An des

Definitieun eleng seet awer näischt doriwwer aus, wien d'Responsabilitéit huet, fir den Offall anzesammelen.

Dofir gesäit de Projet de loi eng Ënnerdeelung vir an „déchets municipaux ménagers“ an „déchets municipaux non ménagers“, woubäi d'Gemenge fir déi éischt Kategorie zoustänneg sinn, awer och zum Deel d'Déchets municipaux non ménagers kënnen ofhuelen.

Dës Formulierung léisst e gewëssenen Interpretationsspillraum, dee bei den Acteure fir Veronsécherung suergt. Fir d'LSAP ass dës Reegelung esou ze gesinn, dass et an der Praxis wäitgeend esou bleift wéi bis elo, woubäi d'Gemengen e bësse méi eng grouss Responsabilitéit, awer och méi Kontroll iwwert den Offall kréien, deen op hirem Territoire produzéiert gëtt. Mir gesinn d'Gemeng awer net als Konkurrent op Aenhéicht mat den Entrepreneuren, ...

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

... mee als Responsable fir d'Salubritéit um lokale Plang, deen d'Servicer selwer iwwerhëlt, do, wou et Sënn mécht, an dës Aufgab un de private Secteur iwwerdreit, jee no den eegene Capacitéiten. D'Formulierung am Gesetz ass vläicht net ganz prezis, mee si dréit der Tatsach Rechnung, dass d'Situation an de verschiddene Gemenge ganz ënnerschiddlech ass.

Bestärkt gëtt an deem neie Gesetz och, dass den Haushaltsoffall nëmme ka vun enger externer Firma ofgehol ginn, wann d'Gemeng dat och ausdrécklech geneemegt, well nëmme esou kann d'Gemeng och verlässlech iwwerpräiwen, ob se hir Reduktionsziler erreicht oder net.

Fir méi dicht besiedelt Gemenge wär et ausserdeem en Uleies, e Matsproocherecht bei der Organisatioun vun der Kollekt vun den Déchets non ménagers ze hunn. Si sinn dofir zwar net zoustänneg, hunn awer en Interêt dorunner, dass d'Faarte vun deenen eenzelen Entrepreneuren koordinéiert sinn, soudass et net zu onnéidege Behënnerungen am Verkéier kënnt.

Eng Rei vu Froen huet bei den Acteuren um Terrain dann och nach d'Roll vun deenen neie Centres de ressources opgeworf. Et ass eng gutt Saach, dass Offall op dëser Plaz net nëmme méi gesammelt a prett gemaach gëtt fir de Recycling, mee dass awer och Efforte gemaach gi fir Saachen, déi nach an hirer aktueller Form oder no enger klenger Reparatur kënnen benotzt an u Leit weidergereicht ginn, déi se brauchen. An do erënneren ech op dëser Plaz och u flott Initiative wéi „Repair Café“ oder soss aner.

Fir dass dat alles kann ëmgesat ginn, müssen déi besteeënd Recyclingzenteren adaptéiert ginn. Zum Deel wäert dat mat Investitiounen an zousätzlech Personalkäschte verbounnen sinn. De Staat ass hei an der Pflicht, fir dës Upassungen un dat neit Gesetz net nëmme berodend, mee och finanziell ze begleeden.

D'Finanzéierung vun all dëse Mesuren ass en Thema, deen net nëmme vun de Beruffschamberen opgeworf gouf, mee och vun den Offallsyndikater, notament wann et ëm déi nei Bestëmmunge vun der Gestéiung vum Restmüll geet. Zil ass et jo, fir deen Offall, deen net erëm benotzt oder recycéléiert ka ginn, esou wäit wéi méiglech energieetesche ze notzen. Nach bleift en Deel Offall, deen net verbrannt ka gi respektiv no der Verbrennung Rescht bleift.

De Gesetzesprojet gesäit awer vir, dass ab 2030 kee Gemengenoffall méi d'äerf deponéiert oder exportéiert ginn. Vu dass d'Deponie awer net vum Staat, mee vu Gemengesyndikater geréiert ginn a complementaire zueene sinn, muss et bei der Ëmsetzung vun deenen neie Bestëmmungen zu enger gudder Koordinatioun tëschent deene Syndikater kommen an net zulescht muss och hei d'Finanzéierung iwwerduecht ginn.

Ofschléissend wéilt ech soen, dass d'LSAP eng ambitiéis Offallpolitik ënnerstëtzt a bereet ass, iwwerall do iwwert de strikte Minimum erauszegoen, wou et méiglech ass. Sollt et sech awer an der Praxis erausstellen, dass eenzel Bestëmmunge kontraproduktiv sinn, lokal Produzenten a Commercé benodelegt ginn, ouni dass aus ekologescher Siicht eng reell Plus-value entsteet, wäerte mir sécher aktiv matschaffen, fir dës Bestëmmungen ze adaptéieren.

D'Gesetzesprojeten, déi mir haut stëmmen, decken e ganz wäite Spektrum vun Aktivitéiten of an op ganz villen Niveaue si Verännerungen néideg. Et ass kloer, dass dat net ëmmer onproblematesch ass. Ganz wichteg ass et dofir, dass all betreffen Acteure vun deenen zoustänneg Verwaltungen gutt beroden an ënnerstëtzt ginn a gegebenefalls op finanziell Hëllef kënnen zréckgräifen. Iwwert déi kommend Méint muss e Monitoring gemaach ginn, soudass een zu deene verschiddenen Echeancen, zu deenen nei Contrainten a Kraaft trieden, kann aschätzen, ob d'Ëmsetzung gutt preparéiert ass an ob et nach méi seriö Problemer gëtt.

An deem Sënn ass et och wichteg, a reegelméisseg Ofstänn eng Evaluatioun vun de Fortschreiter bei der Offallgestéiung ze maachen an de gesetzleche Kader an deem Sënn ze iwwerpräiwen.

Erlaabt mer ganz zum Schluss, och vu menger Säit aus der Madamm Dieschbourg e ganz, ganz häerzleche Merci ze soen. Mäi Respekt fir hiren Engagement, och an dësem Gesetz, dat mir wierklech um Häerz louch. An ech ginn natierlech den Accord vun der LSAP zu dëse fënnef Gesetzesprojeten.

Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Madamm Hemmen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Stéphanie Empain (déi gréng) |** Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz, dat mer haut zum Vott virleien hunn, ass fir eis Gréng e ganz wichtige Moment, op deen net just mir, mee och vill Leit dobausse laang gewaart hunn. Wa mer haut dervunner schwätzen, e Paradigme-wissel anzelauden, dann entsprécht dat och dem Wonsch vun enger Majoritéit vun de Bierger an dësem Land an natierlech ass dat och ee vun deene Sujeten, bei deene besonnesch vun eis Gréngen eppes erwaart gëtt.

Mir sinn deemno och ganz frou, hei e ganz ambitionéierten Text konnten ervirzebréngen. Deen Text, un deem laang geschafft ginn ass, liwwert duerchaus och Äntwerten op Lektiounen oder Konklusiounen, déi mir als Politik, mee och méi breet als Gesellschaft aus der Covidpandemie gezunn hunn.

Dir erënnert Iech, am Ufank vu Corona, während dem Lockdown ganz besonnesch, hu mir gesinn, wéi ofhängeg mer vu verschiddene Produkter, Rostoffer a funktionéierende Liwwerkette sinn a wéi schnell mer a Bedrängnis komme kënnen, wann déi op eemol ausfalen. Covid a Lockdown hunn däitlech derzou bäigedroen, dass méi Mënschen de Wäert vun der Natur méi héichhalen. Dat ass och aus enger representativer ILReS-Etüd ervirgaangen. An dëser Ëmfro hunn 32 % vun de Befroete gesot, post Lockdown dem Konsummanner Bedeitung bäizemoosse wéi virdrun.

Mat Corona ass deemno och de Wonsch vu villen einhergaangen, kee „back to normal“ no Corona ze kréien. Et war d'Hoffnung, dass mir als Gesellschaft Léieren aus der Pandemie zéie kënnen an dës vläicht och als Startschuss gesinn, fir déifgräifend Verännerungen anzeleeden an der Aart a Weis, wéi mir wirtschaften a mat Ressourcen ëmginn.

Covid wier deemno quasi och als e Weckruf fir eng Neiorientéierung ze gesinn. Iwwer 66 % vun de Befroeten hu gesot, dass elo de Moment wier fir grondleeënd Verännerungen. A genee dat ass an de leschten zwee Joer och an alle Sonndesrieden ervirgehuwe ginn. Corona huet eis gewisen, dass mer aneschters wirtschaften müssen. No iwwer zwee Joer nom Ufank vun der Pandemie kann een awer elo trotzdeem net behaupten, dass mer wierklech weltwäit Lektiounen doraus gezunn hätten an d'Hiewele konsequent ëmgeluecht hätten.

Al Automatismen ware méi séier erëm do, wéi ee kucke konnt. Dobäi ass et eng kloer Erwaardungshaltung vun eiser Gesellschaft un d'Politik, Reformen unze-stoussen an de Kader esou ze gestalten, dass e reelle Changement ka stattfannen, an zwar net am Schleekentempo. A virun allem: 84 % vun de Befroeten aus der genannter Etüd sti kloer fir e klaren an ambitionéierte Kader, an deem d'Verantwortung net op de Verbraucher ofgewälzt gëtt.

Kaum e Konsument, deen ee freet, géif soen, dass e Freed drun huet, Ressourcen ze verbëtzen, an déi meescht Leit versichen, där Verschwendung am Alldag och aktiv entgéintzewirken. Allerdéngs stousse mer am Alldag alleguer allze oft op Hürden, déi eis et quasi onméiglech maachen, eis der Verschwendung ze entziehen. Dat betrëfft souwuel iwwerflësseg Plastikverpackungen wéi och Artikel mat schiedlechem Mikroplastik bis hin zum Takeaway, dee bei engem doheem d'Poubelle no enger eenzeger Commande scho quasi zum Sprengel bréngt.

Et gëtt Leit, mee dat ass net d'Majoritéit, déi sech déi Zäit ganz bewusst huele kënnen a wëllen, fir am Virfeld vun engem Akaf Recherchen ze maachen. Mee wa mer wierklech als Gesellschaft eppes wëlle beweegen, dann ass et gradesou wichteg, dass mer d'Responsabilitéit verlageren, ewech vum Konsument, erop op déi méi systeemesch Eebene, fir dass d'nohaltegt Akafen an Agéieren en normalen Alldagsgest fir jiddereen ka ginn.

De Problem vum Offall an notament vum Plastik, mee awer net nëmme vum Plastik, ass leider allgéigewäerteg. Plastik an de Weltmieren, an eise Séier, an eise Flëss, am Buedem, un de Stränn, an de Fësch, déi do ugespull ginn, souguer am Longegewebe vu liewege Mënschen huet eng Studie dës Joer Mikroplastik nogewisen. Mee et geet wierklech och nach wäit heiriwwer eraus. Wa mer vu Plastik schwätzen, da schwätze mer och vun engem wichtige Standbeem vun der Pétroliindustrie. Mer schwätze vun héijen Zärgasemissionen a vu Liwwerketten. Mir schwätzen am Allgemenge vun Ofhängegkeeten.

Eis Ofhängegkeet vu Plastik verzögert den Ausstieg aus de fossilen Energien. A grad an der aktueller Situation mam Krich vu Russland an der Ukrain brauche mer, mengen ech, kengem e Bild ze molen, dass och dowéinst eng Reduktioun vu Plastikoffall sech méi wéi ubitt. Et geet, wéi gesot, och méi allgemeng ëm d'Ofhängegkeet vu Rostoffer an domadder einhergeend d'Ofhängegkeet vun extreem volatile Präisser an extremer Präisdeierecht mat Momenter. Dës mécht eise System och ufälleg. En effizienten Ëmgang mat Ressourcë mécht also och wirtschaftlech Sënn. An dofir muss mer eraus aus dëser lineärer Ekonomie an eeben eran an eng richteg Économie circulaire.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Stéphanie Empain (déi gréng) |** Dës fir ze soen: Och aner Ressourcëverschwendunger verstärken Ofhängegkeeten. Den Ëmstieg op circulaire Modeller vun der Ressourcëgestéiung par contre stäerkt eis lokal Wirtschaft. A mir dierfen och net vergiessen, dass Produktionsprozesser vun eisen aldeeglechen



Objeten Energie verschlängen. A fir hei nach emol op de Plastik zrëckzekommen: D'Plastikproduktioun gehéiert zu den energieintensivste Prozesser vun der cheemescher Industrie, an trotzdeem gëtt bal d'Hallschent vum weltwäite Konschtstoff a manner wéi dräi Joer zu Offall. Dat ass ganz vill Opwand, vill Energie, vill CO<sub>2</sub> a vill Verschmutzung fir e Produit, dee mer einfach esou herno ewechschmäissen. An dofir ass et eis Pflicht, dat och ze änneren.

Dat hei ass eng Fro vum Schutz vun der Ëmwelt, vun der Biodiversitéit, vun eise Ressourcen, vun eisem Klima, eiser Gesondheet an der Zukunft vun den nächste Generatiounen.

Ënnert dem Stréch mussen mer einfach festhalen, dass Lëtzebuerg seng Hausaufgabe muss maachen. Mir sinn an der Produktioun vun Offall pro Kapp Spëtze-reider a grad dowéinsten dierfe mir de Kapp net an de Sand stiechen a müssen eis Responsabilitéit huelen. A genau des Responsabilitéit huet d'Carole Dieschbourg geholl, andeems si eng Strategie „Null Offall“ ausgeschafft huet, en Dokument, dat eis Transitioun vun der Wegwerfgesellschaft a Richtung Kreeslafwirtschaft begleede wäert.

Dat ass ee vu ville Verdéngschter vum Carole Dieschbourg fir eis Gesellschaft.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | An dofir wëllt ech betounen, dass et eis an der grénger Fraktioun wichteg war, eng ambitionéiert Transposition vun den europäeschen Direktive ze maachen an iwwert den „direktive, rien que la directive“ erauszegoen, wéi et an enger Rei vun Avice gefuerdert gouf. An natierlech bedeit dat och, dass verschidden Automatismen domat passé sinn. Natierlech bedeit et och, dass Betriber müssen ëmdeken a sech ëmstellen.

Mee trotz enger Partie Froen an Zweifelen, déi opkomm sinn, muss ech awer soen, dass vun deene Leit aus dem Secteur, mat deene mir geschwat hunn a mat deene mir Echangingen haten, kee gesot oder gefrot huet, fir einfach poulrecht weider ze wirtschaften wéi bis elo. Jiddereen ass sech bewosst, dass Hiewele müssen ëmgeluecht ginn, an et war keen derbäi, dee sech komplett aus der Responsabilitéit wollt zéien. De Problem gëtt vu jidderengem unerkannt an et gouf net a Fro gestallt, dass misst legiferéiert ginn. An dat maache mir elo.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Dofir loosst mech vläicht e puer Highlights fir eis ervirhiewen aus deem Offallpak, deen, wéi Der schonn am Rapport gesinn hutt, ganz komplex ass an an deem vill Mesuren dra sinn. Ech mengen, ervirhiewen ass ënner anerem am Beräich Preventioun, dass mer op effentleche Fester progressiv vum Einweg op de Mehrweg ëmklammen. Ab Januar 2023 kann een eng ganz Partie Einwegproduiten aus Konschtstoff net méi benotzen. Zee Joer duerno klamme mer dann am groussen Ganzen op de Mehrweg op de Fester ëm.

Och an der Gastronomie gi mir op de Wee, wou ab dem nächste Joer keen Einweg méi dierf fir d'Consumation sur place benotzt ginn an duerno och beim Takeaway an an de Restaurante muss op weiderverwendbar Behälter gesat ginn. An hei verweisen ech och op d'Ecobox, déi jo elo schonn existéiert, déi mëttlerweil jiddereen misst kennen an déi och a ville Restauranten ugebuede gëtt. An et wier natierlech flott, wann dese System, oder egal wéi en alternative System, nach ausgebaut géif ginn, an anere Formater géif ugebuede ginn, zum Beispill eeben och déi Fro, déi ëmmer erëmkënnt: Wéi bestellen ech dann elo meng Pizza? Dass een eeben och eng Pizza esou ka bestellen.

Ab Juli 2023 muss frëscht Uebst a Geméis ënner annerhallwem Kilo ouni Plastikverpackung ausgeluecht ginn. An eppes, op dat d'Leit ganz positiv, ganz, ganz vill positiv drop reagieren – ech mengen, dat ass eppes, dat vill Leit an deene leschte Joren immens genert huet –, dat ass d'Tatsaach, dass ee mat esou vill Reklammen a senger Bréifkëscht konfrontéiert ass, Reklammen, déi een eigentlech net wollt, déi just produzéiert gi sinn, fir direkt erëm ewechgeheer ze ginn.

Ausserdeem gëtt mat deem Text och eng legal Basis fir d'Afëiere vun engem Pfandsystem agefouert. An ech mengen, do ass et awer och wichteg ze präzisieren, dass esou en nationale Pfandsystem natierlech en Challenge ass. Mee mir wëllen deen Challenge awer ugoen. An dofir schafe mer mat deem Gesetz d'Basis, dass esou eppes kann agefouert ginn. D'Gesetz leet do awer nach keng Modalitéite fest. Dat muss natierlech elo ausgeschafft ginn. An ech kommen herno och nach eng Kéier drop zrëck beim Depot vun eiser Motioun.

Wat de Recycling ubelaangt, do geet et drëm, dass dee vill méi kamoud fir d'Leit muss ginn. Dofir gesäit den Text vir, dass ab Januar 2023 Geschäfte mat enger Verkaufsfläch vun iwwer 400 Quadratmeter derfir mussen suergen, dass eng getrennte Sammlung vu Verpackungsfall ka sur place ofgeholl ginn.

Ab Januar 2024 müssen d'Supermarchéen iwwer 1.500 Meterkaree dann Infrastrukturen ubidden fir déi getrennte Sammlung vu Carton, Pabeier, Glas, Konschtstoff, Batterien, Metallverpackungen a klengen Elektrogeräte. Wat d'Residenzen ubelaangt, do ass et esou, dass ab véier Loten och eng Plaz fir Recycling vu verschidden Fraktiounen an de Residenzen eebe muss offréiert ginn. Mir stellen och d'Recyclingszentere méi breet op, déi zu Ressourcenzentere ginn, wou de Reemploi vu Produkter, déi nach perfekt brauchbar sinn, vill méi an den Zentrum gesat gëtt. An och net onwichtig: All Awunner kritt Accès op all Zentrum, egal, wou hien oder hatt da wunnt.

Mir halen dann 2030 och mat den Deponien op, an dat ass wichteg, well et einfach iwwerhaupt kee Sënn ergëtt, Ressourcen einfach ewechzegeheien a se iwwerhaupt net méi ze verwäerten.

An och d'Gemeenge kréie méi Kompetenzen an domadder och méi Verantwortung. Si kréien elo och d'Kompetenz fir d'Kollekt, den Transport, d'Valorisation an d'Elimination vun den Déchets municipaux ménagers. An d'Gemengen hunn hei och eng grouss Verantwortung an et ass wichteg, dass d'Gemengen hei hir Responsabilitéit huelen. Bis viru Kuerzem gouf et och nach Gemengen, déi net all Fraktiounen ofgeholl hunn. An hei spillt natierlech och d'Autonomie communale eng Roll. Dofir ass eng landeswäit eenheetlech Reegelung net esou direkt a Reechwäit. Fakt ass awer, dass déi Entscheedungen, déi an de Gemenge getraff ginn, e groussen Impakt hunn.

D'Reschoffallanalys zum Beispill weist: D'Gemengen, déi hir Taxe communale fir den Offall op d'Gewicht ausleeën, hunn 51,5 % manner Déchets résiduels wéi déi, déi just d'Gréisst vun der Poubelle kucken. Do, wou eng Poubelle fir organesch Offall offréiert gëtt, ass 18,7 % manner d'äers Offall an der groer Poubelle.

Wat ech Iech elo hei opgezielt hunn, mécht natierlech net de gesamte Pak vun de Mesuren aus, mee eleng un dese Mesuren erkennt een awer schonn, wéi ambitionéiert desen Text ass. An natierlech ginn et do net just Jubelschreie. Dese Gesetzesprojet gëtt duerchaus och kritesch begleet.

Als Beispill – et sinn der jo e puer genannt ginn – dat gefuerdert Recyclingangebot vu verschiddenen Fraktiounen an de groussen Supermarchéen. Hei gëtt ugefouert, dass et just géif Onkäschtchen mat sech bréngen, awer keng Valeur ajoutée, well mer scho genuch

Recyclingzentere an och déi blo Tut hätten. Dat verkennt awer, dass et drëm geet, d'Ulafstell fir de Recycling einfach auszeweiden an dass och haut vill extra Deplacementer op den – wéi mir en nennen – „Tipp“ gemaach ginn.

Mat deem Gesetz gi mir den Awunner ganz einfach méi Previsibilitéit: Wat fannen ech a wéi enger Gréisst a wéi engem Supermarché? Ech kann duer meng Saache mathuelen, wann ech souwisou an de Supermarché fueren. Ech verléieren iwwerhaupt keng Zäit. An d'Offer fir d'Bierger gëtt domadder eropgesat an de groussen Commerçant gëtt weider responsabiliséiert, fir dass d'Ziler vun deem Gesetz och kënnen erreicht ginn.

Des Weidere gesäit d'Grande distribution Problemer bei der Ëmsetzung vun den neie Reegelen fir d'Uebst a Geméistek, dës haaptsächlech dowéinsten, well hir Fournisseure keng extra Liwwerunge fir Lëtzebuerg wäerten ubidden, fir deenen neie Reegelunge gerecht ze ginn. De Risiko wier laut hinnen, dass se am Endeffekt Produkter müssen aus der Verpackung huelen, fir se duerno dann en vrac auszeleeën.

Dozou mussen mer festhalen, dass mer hei eréischt am Ufank vun deem Ëmdenke sinn. A terme wäert de Marché, dee jo och international evoluéiert, sech den neie Gegebenheeten upassen. A kloer mussen mer iergendwou ufänken. An dass mer an der Grande distribution mussen vun all deene Verpackungen ewechkommen, ass och net eréischt zënter gëscht gewosst. Den Drock op d'Fournisseure war awer anscheinend net héich genuch. Ma och dat wäert schnell evoluéieren, vu d'Urgence, an där mer sinn.

Wéi gesot, et ass net all Dispositioun, déi vu jidderengem mat der selwechter Freed opgeholl ginn ass. Mee mir müssen hei awer festhalen, dass mer dem Secteur duerchaus op verschiddene Punkten entgéintkomm sinn, haaptsächlech och bei den Delaie vun de Recyclinginfrastrukturen an de Supermarchéen, bei den Delaie fir d'Plastikverpackungen bei Friichten a Geméis, dem Reuse an der Gastronomie a beim Takeaway, dem Reuse op de Fester, verschiddenen Obligationen fir d'Gemengen, dem Delai och beim Verbuet vun de gratis Tuten an och en Entgéintkomme bei de sougenannten „emballages de service“.

Et war eis awer wichteg, eis Ambitioun héichzehalen an un de groussen Ziler festzehalen. De Grond dofir ass ganz einfach: Mir sinn an der Urgence a wa mir den zukünfte Generatiounen nach wëllen e liewenswäerte Planéit hannerloossen, dann ass elo net de Moment fir Zaghaftegkeet.

Dobäi wëll ech och nach eemol festhalen, dass dës Gesetz net am „stillen Kämmerlein“ ausgeschafft ginn ass. Au contraire, et baséiert op enger breeder, participativer Approche mat sechs Workshops fir de Grand public an techneschen Ateliers, déi organiséiert gi si fir Gemengen, Gemengesyndikater, Federatiounen, Organismes publics, Bureaux d'études an esou weider.

Wien haut also seet, et hätte keng Consultatiounen stattfonnt, dee vergësst, dass bei deene Consultatiounen, déi stattfonnt hunn, duerchaus Représentante vun der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers, verschiddene Syndikater, der FLEA an esou weider, vertruede waren.

Wann een de ganze Prozess also kuckt, dann hu mer mat där ganzer Virlafzäit virum Depot vum Gesetz plus den Iwwergangsfristen, déi elo nach am Gesetz stinn, en Zäitraum vun e puer Joer, deen et awer allen Acteure misst erlabe fir sech unzepassen.

Ech wëllt och nach eemol op d'Motioun aus dem Débat d'orientation vum Mee 2019 hiweisen, déi unanime hei am Haus ugeholl ginn ass. Do huet

d'Chamber der Regierung genee deen doten Optrag ginn. Ënner anerem huet se gefrot, Lëtzebuerg zum Virreider ze maachen an op eng Zero-Waste-Strategie hinzeschaffen, ambitionéiert Mesuren auszeschaffen, déi duerchaus kënnen iwwert d'Direktiv erausgoen. An et ass also elo den Appell un all d'Acteuren, dat hei och als Chance ze gesi fir innovativ Iddien.

De Secteur muss elo während den Iwwergangsfristen no Léisunge sichen: Horeca, Chambre de Commerce, Chambre des Métiers, clc, d'Gemengen an natierlech net zulescht och de Ministère.

Hei wäerte sech och nei Wirtschaftssecteuren opdinn, déi gläichbedeutend si mat der Kreatioun vun neien Aarbechtsplazen an der Stimulatioun vun neie Geschäftsiddeen.

Et ass elo un eis alleguerten zesummen, derfir ze suergen, dass d'Ziler vun deem Gesetz kënnen erreecht ginn. A fir d'Ziler nach eng Kéier ze rappeléieren: Et geet hei éischters ëm d'Vermeidung vu Ressourcenschwending, dann awer och ëm d'Reduzéierung vun eiser Ressourcenofhängegkeet, eise Bäitrag zur Erreechung vum EU-Klimaneutralitéitszil bis 2050, d'Reduzéierung vum Energiekonsum an der Produktioun. Et geet och ëm Ëmwelt- a Gesondheetsschutz, ëm d'Steigerung vun der Wettbewerbsfäegkeet vun eiser Wirtschaft, well Betriber mëttelfristeg manner mat Ressourcëknappheet a Präisschwankunge konfrontéiert wäerte sinn. An zulescht och geet et ëm d'Fërderung vun innovativen a méi effiziente Produktiouns- a Verbrauchsmustere.

An deem Sënn wëllt ech och elo eng Motioun deposéieren, déi vun de Majoritéitsparteien ënnerschriwwen ginn ass.

## Motion 2

« Paquet «déchets» »

La Chambre des Députés,

rappelant

– la motion votée à l'unanimité lors du débat d'orientation sur la stratégie « zéro déchets » et la restriction des déchets en matière plastique au Luxembourg, qui a eu lieu le 16 mai 2019,

considérant

– que le Grand-Duché de Luxembourg et les autres pays sont confrontés à une situation de multicroise, englobant la crise climatique, la crise de la biodiversité et l'épuisement des ressources, phénomènes interdépendants et indissociables ;

– que cette situation de multicroise est essentiellement due à la gestion non durable de nos ressources ;

– que chaque étape de transformation de nos ressources dans le processus de production et la gestion des déchets consomme de l'énergie et que, vu leur caractère souvent non durable à l'heure actuelle, ces processus de transformation contribuent de façon considérable à l'intensification des urgences environnementales et sociétales ;

– que 99 % des matières plastiques sont produites avec des produits chimiques basés sur des combustibles fossiles ;

– que la gestion des déchets et la transformation des déchets en ressources sont dès lors des éléments clés pour résoudre la multicroise ;

– que la prévention de la production de déchets, notamment par le biais de la prolongation du temps d'utilisation d'objets, doit devenir une priorité absolue dans tous les secteurs ;

– que la prévention de la production de déchets, par la favorisation du réemploi d'objets, peut créer des emplois au niveau local et régional ;

– que le Luxembourg a décliné sa vision pour la gestion responsable et durable des ressources et des déchets dans la stratégie « Null Offall Lëtzebuerg » et la stratégie pour une économie circulaire ;

– que l'adoption de la résolution sur le plastique lors de la 5<sup>e</sup> session de l'Assemblée des Nations Unies sur l'environnement (UNEA) en date du 5 mars 2022, qui prévoit l'élaboration d'un texte juridiquement contraignant pour au plus tard 2024, ouvre la voie à un traité mondial sur le plastique et représente un pas historique dans la lutte contre la pollution, ainsi que dans la préservation de la biodiversité et du fonctionnement des écosystèmes ;

– que dans le cadre du pacte vert pour l'Europe, la Commission européenne a adopté un nouveau plan d'action pour l'économie circulaire le 11 mars 2020, qui prévoit notamment la révision des exigences concernant les emballages et les déchets d'emballages, la mise en place d'un nouveau cadre pour les matières plastiques compostables, biodégradables ou bio-basés, ainsi que des mesures pour réduire l'impact de la pollution de microplastiques sur l'environnement,

invite le Gouvernement

– à soutenir le processus d'élaboration d'un texte juridique contraignant au niveau de l'UNEA et à s'engager dans ce contexte pour un résultat ambitieux ;

– à défendre une position ambitieuse au niveau européen en matière de gestion des ressources, notamment lors de la révision des directives sur les emballages et les déchets d'emballages, les microplastiques, ainsi que les plastiques bio-basés, biodégradables ou compostables ;

– à tenir compte des limites et de l'impact environnemental du recyclage et dans ce contexte à soutenir, dans ce contexte, les acteurs concernés dans le développement des solutions qui visent la prévention des déchets et le réemploi ;

– à encourager les acteurs économiques concernés à développer des solutions et services qui vont au-delà du principe du recyclage et qui soutiennent les consommateurs dans la transition vers une économie circulaire ;

– à soutenir les autorités communales dans le développement du réseau national des centres de ressources ;

– à effectuer une évaluation de l'application du paquet « déchets », et à analyser les progrès accomplis dans l'atteinte des objectifs fixés dans ledit paquet, notamment au niveau de l'État, des communes et des différents acteurs économiques, au plus tard deux ans après l'entrée en vigueur des lois concernées et, dans ce contexte ;

– à rendre compte des progrès faits dans la réalisation d'un système de consigne national unique pour les emballages de boissons, notamment en ce qui concerne la concertation avec les pays du Benelux ;

– à adapter le cas échéant, et sur base de l'évaluation précitée, le dispositif législatif ainsi que la collaboration avec les acteurs concernés afin de parvenir aux résultats visés par le paquet « déchets ».

(s.) Stéphanie Empain, Gilles Baum, François Benoy, Yves Cruchten, Max Hahn, Cécile Hemmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Dës Motioun ass quasi de Suivi vun der Motioun, déi mer am Mee 2019 hei gestëmmt hunn a rappeléiert nach eemol, dass mer eis an engem Szenario vun de Multikrise beweegen, déi interdependent sinn an déi haaptsächlech der alles mee net nohalteger Gestiou vun eise Ressourcë geschëlt sinn. Duerfir ass et esou wichtig, dass mer eis op EU- a globalem Niveau ëmmer weider fir nach méi héich Ambitiounen asetzen.

An deem Engagement ass wichtig. Et ass net zulescht och weinst dem Carole Dieschbourg, dass um Niveau vun der UNEA entscheet ginn ass, bis 2024 e globale Plastikstraité opzestellen.

D'Motioun fuerdert awer och, dass d'Regierung eng aktiv Roll anhëlt, fir d'Acteuren um Terrain ze ënnerstëtzen a mat hinnen zesummen no Solutionen ze sichen, fir Offall ze vermeiden. An där selwechter Optik sollen och d'Gemengen ënnerstëtzt ginn um Niveau vum Ausbau vun de Ressourcenzentren.

A mir fuerderen dann och, dass eng Evaluatioun no zwee Joer gemaach gëtt, an de Ministère soll eis och um Lafenden halen, wéi d'Aarbechte weiderkommen, wat de Pfandsystem ubelaangt.

Ofschléissend wëllt ech nach eemol drop hiweisen, dass mir an enger extremer Urgence sinn an dass all – wierklech all! – d'Länner müssen elo schnell hir Responsabilitéiten huelen. An do gehéiert Lëtzebuerg natierlech derzou a mir sinn immens frou, dass mir hei eng Virreiderroll anhuelen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Et ass elo endlech un der Zäit, ouni wenn und aber, deem Bierg vun Offall en Enn ze setzen. An et ass wichtig, ëmmer erëm drop hincweisen, dass Offall eeben net just Offall ass, mee eng wäertvoll Ressource, déi an Zukunft net méi einfach soll ewechgehe ginn an domadder verluer geet. Et ass eng Demande vun der Bevëlkerung. Et war e Versprieche vun eis a mir hunn et geliwwert.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | An dofir soen ech am Numm vu menger ganzer Fraktioun e ganz besonnenne Merci un d'Carole Dieschbourg. Léift Carole, ouni däin Engagement géife mir haut net mat esou engem ambitiösen Text hei stoen. An domadder ginn ech och den Accord vun eiser grénger Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Empain. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen, ech wëll fir d'éischt och all menge Virriedner hei Merci soen, déi op d'Problematik vum Offall agaan sinn an iwwerhaapt vun Plastik allgemeng. An dass dat jiddwerengem bewosst ass an dass mer alleguerten do eppes müssen dergéint maachen, ech mengen, dat ass kloer.

Ech wëll awer trotzdem eppes soen: Wa mer iwwer Mikroplastik schwätzen, an dat ass och elo e puermol geschitt, ass dat eppes, wat mir hei mat deem Gesetz elo net direkt vermeiden, well, wéi et och scho gesot ginn ass vum Här Schaaf, de Mikroplastik haaptsächlech duerch d'Textilien an duerch d'Autospneue kënn, an dat betrëfft dat heite jo elo net wierklech. Do muss een also oppassen, dass een déi Saachen trennt.

Et ass emol feststellen, dass d'Lëtzebuurger e ganz laangt an en héicht Ëmweltbewosstsi schonn opweisen. Et gëtt kaum e Land, wou den Ëmweltschutz esou pertinent diskutéiert gëtt a vun de Leit matgedroe gëtt.

Mir hunn zënter ville Joerzénge eng gutt funktionéierend Offallentsuergung, déi vun eise Gemengen an enker Kooperatioun mat privaten Acteuren autonom geréiert gëtt. An deene meeschte Gemenge kënnen d'Leit net nëmmen hire Reschtstoff, mee och hire Grünschnitt, hiert Glas an hire Pabeier kamoud vun der Gemeng ofhuele loossen an och am Besuch op de Plastik an aner Verpackungsoffall gëtt et zanter ewell



bal 30 Joer eng kamoud an duerch d'Participatioun vun all Einzelnem gedroe Léisung mat eiser bloer Valorlux-Tut, eng super Saach!

Reduktioun vum Plastikverbrauch ass wichteg a mir setzen eis och vehement a fir en effizienten an ökologische Recycling. Hei musse mer eis awer froen, ob dës virleend Texter dat bréngen, wat hei versprach gëtt. An d'Fro ass och, ob ee muss méi wäit goen, wéi d'Direktiv vun der Europäescher Unioun dat virgesäit. An dat ass jo e grondsätzleche Problem, dee mir oft hei begéinen, dass mer méi wäit gi wéi eng Direktiv vun der Europäescher Unioun, eng Direktiv, déi sécherlech gutt gemengt ass, mee et dierf een och net vergiessen – an dat ass och schonn hei bei menge Virriedner ugeklongen –, déi awer an der Praxis de Leit, den Acteuren, de Betriber d'Liewen och méi komplizéiert mécht.

An ech mengen och, mir sinn e klengt Land, mir hunn e puer Kilometer an all Richtung, fir op d'Grenz ze kommen, a mir mussen awer kucken, fir dofir räsounabel ze bliwien.

Wann ee sech dat Ganzt hei ukuckt, da seet een: Dat ass eng Saach, déi an der Zilsatzung jo sécher richtig ass. Eis läit d'Ökologie an d'Natur alleguer um Häerz, mee et ass eng Saach, déi sécherlech iwwert de Knéi gebrach ass, déi vill Geld wäert kaschten, déi extreem schwéier an d'Praxis ëmzesetzen ass an déi héchstwahrscheinlech op ökologeschem Niveau – an dat ass jo dat, wat zielt – net vill brénge wäert!

Ech wëll och hei drun erënneren, dass dee gréisste Problem vun der Ëmwelt, der Ökologie, dem Ressourcenverbrauch an der Produktioun vun CO<sub>2</sub>-Emissiounen a vun Offall zu Lëtzebuerg den onkontrolléierte Bevëlkerungswuesstum ass a ganz besonnesch dat domat verbounnt Bauen, d'Konstruktioun.

Wat elo d'Gesetzter ugeet, wëll ech e puer Punkten hei ervirsträichen. Éischtens, Recyclingszentere bei den Akafszentere. Et sollen elo 45 Akafszentere vu méi wéi 1.500 Quadratmeter en eegene Recyclingszenter bedreiwe respektiv opriichten. Dat baséiert op engem Pilotprojet um Houwald, e Pilotprojet, deem zwielef Joer bestanen huet, awer ni anstänneg analyséiert an evaluéiert ginn ass vum Ministère. Am Contraire, déi eenzeg Etüd, déi et gëtt, weist, dass dës Pilotprojet wirtschaftlech an ökologesch ineffizient ass.

Mir hunn e super System, dat ass dee vun der Valorlux. D'Valorlux, déi vu Privatbetriber bedriwwen gëtt a bezuelt gëtt an déi genau dat asammelt, wat elo d'Leit hei solle bei den Akafszentere zrëckbréngen. D'Valorlux ass e gudd System fir de Recycling, deem och enger Ëmfro no vun 89 % vun de Leit gedroe gëtt.

Firwat soll een elo mat dësem neie Gesetz mam Auto säin Offall an den Akafszenter bréngen, fir en dann do selwer ze trennen, wa mir eng Hausmüllsammlung hunn, wou den Dreckscamion kamoud bei d'Dier déi blo Tute vun de Leit siche kënn? Wou ass do de Méiwert bei dësen Decisiounen? Wat bréngt dat?

Et bréngt Milliounen a Milliounen vun Onkäschtchen a wat soll doduerch méi recycléiert ginn? Mengt Der, dass een, dee säi Plastikoffall net an d'Blo Tut doheim mécht, dee géif elo säi Plastikoffall an den Auto lueden, mam Auto bei de Supermarché fueren an en dann do am Recyclingszenter triéieren, den Offall, deem e soss einfach an d'Tut mécht an deem automatesch, maschinell da vun der Valorlux getrennt gëtt? Ech mengen net, dass dat esou wäert fonctionéieren.

En anere Punkt, dat ass dann d'Verpackung an och d'Plastikgeschier. Ganz sécherlech gebrauchte mir ze vill Plastik an do ginn et jo och déi Beispiller, déi mer alleguer kennen, wou zum Beispill d'Banannen aus der Schuel erausgeholl ginn an dann a Rëndelcher geschnidde ginn an dann an engem Plastik am

Supermarché de Leit ugebuede ginn. Ech weess net, ob dat e grouss Succès ass, mee jiddwereen, mengen ech, hei ass domatt averstanen, dass dat e komplette Nonsens ass.

Et ass awer esou, mir schwätzen hei iwwer Friichten an Uebst, dass mer awer mussen driwwer diskutéieren, ob mer do als klengt Land nach méi wäit wëlle goe wéi eis Nopeschlänner an ob dat dann och eppes bréngt, ob et net souguer kontraproduktiv ass. Well d'Beispill ass jo dat: Dat Uebst a Geméis gëtt op Lëtzebuerg importéiert an enger Verpackung. Da muss et hei zu Lëtzebuerg aus där Verpackung erausgeholl ginn. Déi gëtt dann iergendwéi ewechgehäit, recycléiert, wann et gutt geet, an da kënn eng nei Verpackung drop, eebe vläicht an enger anerer Mass, an da gëtt et da verkaaft. Ass dat wierklech sënnvoll? Dat muss ee sech froen.

Plastiksbesteck, Plastikbecheren, Schallimoen, et cetera, fir emol ze benotzen, gi verbueden. Op den éischte Bléck ass dat gutt, fir manner Plastik ze verbrauchen, zemoos wann een en déi Plazen denkt, déi systematesch ëmmer nëmmen all Dag esou Einweggeschier erausginn hunn.

Op där anerer Säit ass et awer esou, dass jidderee vun eis och emol frou ass, wann en an enger Situatioun d'Méiglechkeet huet, op Einweggeschier, op Einwegbecheren zrëckzegräifen. Mehrwegplastikbecheren kann een och net onendlech gebrauchen, déi musse gespullt ginn, wou och vill Energie a Ressourcé verbraucht ginn, an allgemeng gëtt ugeholl, dass e Mehrwegbecher sech ökologesch eréischt rentéiert no der 50. Benotzung. Dat ass natierlech eppes, wat dann och eng richtig Erausforderung ass, fir dat ze errechen.

Hei ass och geschwat gi vun de Fester, vun de Veräiner an de Gemengen. Dat ass och eng grouss Erausforderung fir déi an ech weess do, vu wat ech schwätzen. Ech mengen, dass et do bei villen drop erausleef, fir einfach da Flaschen erauszeginn a keng Glieder méi.

*(Interruption)*

Et kann ee sech och emol froen, ob hei wierklech vill erreicht gëtt. Tuten a Folien aus Plastik gi jo och haut agesammelt, gi recycléiert. Et kann ee sécherlech nach vill méi maachen an et kann ee se och vermeiden, dat ass richtig. Mee ass elo – esou wéi dat heiansdo gesot gëtt – de Schallimo de grouss Feind? A fir de Verglach muss ee bedenken, dass hei am Land all Joer gebaut a gebaut a gebaut gëtt, wou extreemst méi Ressourcen dropginn an extreem méi CO<sub>2</sub> entsteet, wéi dat elo bei deene Saachen ass, déi hei ugeschwat ginn.

A fir et esou ze soen: op enger Säit Schallimoe verbidden, op där anerer Säit e ganz Land voller riseger Schantercher. Ech mengen, do versteet och e Kand, dass hei fir d'Ëmwelt eigentlech déi falsch Prioritéit gesat gëtt.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | De Pfand: Mir sinn e kleng Maart a wa mer en eegene nationale Pfandsystem opbauen, da muss jo all Produzent, vun deene grouss bis zu deene klengen, seng Verpackung upassen. Da missten d'Produzente jo eng eege Verpackung maache fir Lëtzebuerg. All Etikett, all Gedréns muss nei gemaach ginn.

D'Handelskonföderatioun seet, dass dat net realistesch ass, dass et net méiglech wäert sinn. Wéi wëlle mer eppes Eegestänneg op d'Bee setzen, wa méi wéi 95 % vun all de Produkter aus dem Ausland kommen? Kee Produzent am Ausland wäert eng Reglementatioun un e Lëtzeburger Bedürfnis upassen, dofir si mir ze kleng

am Verglach. Mir wäerten doduerch also riskéieren, verschidde Produkter net méi zu Lëtzebuerg ze kréien.

Déi aner Fro, dat ass och scho kuerz ugeschwat ginn: Mir wëssen natierlech net, wéi d'Reglementatioun iwwert de Pfand wäert ausgesinn, mee wat maacht Der da mat de Wäfläschen, net nëmmen déi vun hei vun der Musel, mee allgemeng allegueren déi, déi hei am Land dann op de Marché kommen? Gëtt do dann eng Ausnam gemaach? Ech géif dat natierlech begréissen. Mee ass dat dann awer an der Logik vun dësem Gesetz? An ass dat gerecht? Dat ass awer eng Fro, déi ech Iech wëll stellen.

Zu de Batterien an Elektrogeräter gëtt et net vill ze soe vun Negativem. Ech mengen, dat ass eng gutt Saach, fir d'Weiderverwertung vun den Elektrogeräter no vir ze bréngen an ze verbesseren, an och d'Entsorgung vu Batterien an Elektrogeräter soumat ze verbesseren.

Zum Schluss: Ech wëll hei en Opruff maachen un all d'Leit an och un d'Betriber, fir verantwortlech ze handelen, wat de Plastik ugeet, wat den Offall ugeet, am Allgemengen, souwäit et méiglech ass, dat ze vermeide respektiv ze recycléieren.

Dat hei Gesetz ass awer eng Saach, déi eiser Meinung no iwwert de Knéi gebrach ass, déi vill Geld wäert kaschten, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | ... déi vill Komplikatiounen wäert mat sech bréngen, déi extreem schwéier an d'Praxis ëmzesetzen ass an déi héchstwahrscheinlech op ökologeschem Niveau – an dat ass jo dat, wat eis alleguer um Häerz läit – leider, leider net vill brénge wäert. Mir wäerten hei bei zwee Gesetzter dergéintstëmme, eis bei engem enthalten a bei deenen zwee leschten derfir stëmme. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos, Här Keup. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här Präsident. Här President, mir schwätzen haut hei iwwer eng Revolutioun am Offallberäich, soen emol eis gréng Kolleegen. Déi Revolutioun huet e bëssi op sech waarde gelooss a war souguer ze lues, fir der Bürokratie vun den europäeschen Institutionen nozekommen.

Mir setzen d'europäesch Direktiven nämlech mat Verspéidung ëm, wat eis och scho Kritik vu Bréissel abruecht huet.

**Une voix** | Mir ginn awer vill méi wäit.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | D'Echeancë rëtschen esou no hannen a bedeuten, datt nei Obligatiounen am Beräich vun der Offallvermeidung méi spéit a Kraaft trieden a soumat méi Ressourcé verbéizt ginn. Déi sougenannte Revolutioun gëtt och an engem Modell 1 fir fënnf Gesetzter hei ofgespeist an eisen Aen. Als kleng Fraktioun hu mir knapp zéng Minutten, hoffen awer op e bëssen Indulgence vusäite vum Präsident, well dat gëtt der Wichtigkeet vun dëser Thematik soss net gerecht. Dat emol zur Form.

Wann ee sech den Inhalt ukuckt, da gëtt et relativ séier kloer, datt mer et hei net mat enger Revolutioun ze dinn hunn. Firwat och? Dat, wat an de Gesetzter steet, kënn gréisstendeels aus europäeschen Direktiven. Mir mengen net, datt e puer EU-Kommissären, déi zu Bréissel hire politesche Spéithierscht verbréngen, elo zu Revolutiönäre gi sinn.

Eppes ass bei dësem Gesetzespak awer kloer. Fundamental gëtt näischt a Fro gestallt. Eng Revolutioun misst zumindest mol dee Krittär erfëllen. Vill nei Begrëffer fléissen an d'Gesetzgebung an a sträichen dat,

wat mir als Produktivismus a Konsumerismus bezechen, just nei un. Eng radikal ressourcëspuerend Politik misst méi déif usetzen a kapitalisteschen Produktiouns- a Liewensweisen a Fro stellen. D'Pollutioun zu enger handelbarer Wuer, zum Beispill dem Emissiounshandel ze maachen, féiert net zu Klimaschutz, mee zu enger Émschichtung vu Räichtum a sozialen Inegalitéiten. Offäll als Ressourcen ekonomesch lukrativ ze maachen, huet ganz änlech Konsequenzen. Datt domadder awer tatsäcchlech méi ëmweltschounend produzéiert gëtt, menge mir net.

Éischer entstinn nei Mäert fir oft ganz grouss Entrepreneuren, deenen hir Profitter vun de Leit finanziert ginn, déi parallel awer och mat den Ëmweltschied liewe mussen.

Här President, wéilt een tatsächlech Ressourcë spueren an de sech ëmmer méi beschleunegenden Zyklus vu Produktioun a Konsum an de Grëff kréien, da misst bei de Produktiounsweisen ugesat ginn.

D'Produkt ginn ëmmer méi kuerzliwweg a gi vill ze oft ersat. Grouss Konzern, zum Beispill am Beräich vun der Elektronik, schaffen esoumadder onwarscheinlech Benefisser, während d'Leit ëmmer méi oft Ersatz kafen. Reparaturen si seelen an d'Fetischisatioun vu Marken an den neitste Gadgets an eiser Gesellschaft verleet vill Leit och derzou, ëmmer méi oft eppes Neies ze kafen. D'Publizitéit an de Marketing spillen hei och eng ganz problematesch Roll. Mir reechen dozou eng Motioun eran.

### Motion 3

La Chambre des Députés,

– considérant que la publicité commerciale a pour objectif de stimuler la surconsommation ;

– considérant que ces publicités incitent le plus souvent à la consommation de produits climaticides et polluants ;

– considérant la présence dans l'espace public et notamment aux gares, à l'aéroport et dans les transports en commun de publicités commerciales ;

– considérant la consommation énergétique ainsi que la pollution lumineuse générées par les panneaux publicitaires numériques et lumineux,

invite le Gouvernement

– à interdire les panneaux publicitaires numériques et lumineux ;

– à interdire la publicité des produits et services les plus émetteurs de gaz à effet de serre et producteurs de déchets sur tous les supports publicitaires dans les espaces publics, ainsi que dans les gares, les aéroports et aux arrêts des transports en commun.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

M. Fernand Etgen, Président | Merci.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | D'Smartphoné sinn e gutt Beispill. Wann d'Liewenszäit vun deenen Apparater vun dräi op zéng Joer géif verlängert ginn, kéinte bis 2030 zirka 50 Milliounen Tonnen, jo, 50 Milliounen Tonnen CO<sub>2</sub> agespuert ginn, also zirka fënnf Joer CO<sub>2</sub>-Ausstouss vu Lëtzebuerg. Wéilt een hei eppes veränneren, da misst déi legal Garantie op esou Produkter vum Elektro an dem Elektromanager substanzuell verlängert ginn, fir esou d'Produzenten an d'Verantwortung ze huelen. E Reparabilitéitsindex misst agefouert ginn an d'Ekokonzeptioun vun de Produkter misst vill méi staark virgeschriwwen ginn. Dofir reeche mir Iech nach zwou Motiounen eran.

### Motion 4

La Chambre des Députés,

– vu la priorité donnée à la réduction des déchets et l'instauration du principe légal de la hiérarchie des traitements ;

– considérant que le réemploi et la réutilisation contribuent au prolongement de la durée de vie des produits et participent à l'économie circulaire et à la réduction de la production de déchets ;

– considérant que le recours à la réparation constitue un outil de lutte important contre l'obsolescence des produits ;

– vu que la France a introduit en 2021 un indice de réparabilité pour cinq catégories de produits électroménagers et électroniques visant à informer les consommateurs sur le caractère plus ou moins réparable des produits concernés,

invite le Gouvernement

– à introduire à l'instar de la France l'affichage obligatoire d'un indice de réparabilité pour certains produits électroménagers et électroniques.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

### Motion 5

La Chambre des Députés,

– vu que le paquet législatif sur les déchets (projets de loi n<sup>os</sup> 7654, 7656, 7659, 7699, 7001) a pour objectif la réduction de la consommation de ressources et de la production de déchets ;

– considérant que l'obsolescence programmée de certains produits participe à un accroissement de la vente de nouveaux produits et ainsi à la consommation accrue de ressources en même temps qu'à la production de déchets ;

– considérant que le réemploi, la réparation et la réutilisation contribuent au prolongement de la durée de vie des produits et participent à l'économie circulaire et à la réduction de la production de déchets ;

– considérant que selon une étude commanditée par l'ADEME (Agence française de l'environnement et de la maîtrise de l'énergie), 80 % des produits sous garantie sont ramenés au producteur ou au vendeur pour être réparés, tandis que ce taux chute à moins de 40 % après échéance de la garantie ;

– considérant que le Code de consommation luxembourgeois prévoit une durée de garantie légale de deux ans à compter de la délivrance du bien ;

– considérant pourtant qu'après un délai de six mois, il appartient au consommateur d'apporter la preuve qu'un défaut du bien existait au moment de la délivrance du bien, et donc que le défaut n'est pas dû à une mauvaise utilisation ou manipulation du bien par le consommateur,

invite le Gouvernement

– à œuvrer au niveau européen pour une réglementation commune visant un allongement des durées de garantie légale sur certains produits ;

– à étudier dès à présent l'opportunité et la faisabilité au Luxembourg d'un allongement des durées de garantie légale sur certains produits au-delà de deux ans ;

– à renvoyer la charge de preuve de la non-défectuosité du bien vers son producteur ou le vendeur et ce pour toute la durée de la garantie légale.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Owerweis.

M. Fernand Etgen, Président | Merci.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Donieft misste seriö Strukture fir de Reemploi an d'Reparatur en place gesat ginn. D'Ersetze vun de Recyclingzentren duerch d'Ressourcenzentere vermëttelt zumindest kommunikativ, datt sech eppes änneren soll. Mee mir denken awer, datt et domat awer net ka gedoe sinn an datt d'äitlech méi Efforte musse gemaach ginn.

De Reemploi an d'Reparatioun vu Produkter mussen net nëmmen theoreeteschen méiglechen sinn, mee och an der Praxis. De Staat muss dës Méiglecheiten och

kënnen assuréieren. D'Gemenge mussen ënnerstëtzt ginn an en ambitiöse Cahier de charges hu fir hir Ressourcenzentere. D'Gemenge selwer mussen Aufgaben an deem Beräich vun der Zirkularwirtschaft erfëllen an och solidarwirtschaftlechen Acteuren déi néideg Plaz ginn. Mir gesinn och e Besoin bei der Ausbildung, fir datt qualifizéiert Personal fir d'Handwerksbetrieber do ass.

Mir mengen awer och, datt et nach aner Méiglecheiten gëtt. Zum Beispill ass d'TVA op Reparaturen nëmme fir e puer Produkter bei 8 %. Dese Punkt steet am Koalitionsaccord, ass bis haut awer nach net thematiséiert ginn. D'TVA muss esou wäit wéi méiglech op de Reparaturen erfogesat ginn. Donieft bezuelen d'Gemengen an de Staat Primmen aus fir den Neikaf vu Produkter, awer net, fir d'Reparatiounen ze finanzéieren, mat Ausnam vun der Gemeng Wolz. Staat a Gemengen hunn hei ganz staark Hiewelen, fir Produktioun a Konsum a méi nohalteg Bannen ze lenken, se misste se just notzen.

Bei der Reduktioun vu Verpackungsoffäll a Plastik bleift d'Gesetz en gros bei der Direktiv, ouni doriwwer erauszegen. D'Regierung beléisst et hei bei engem Verbuet fir oxo-degradabel Plastik, also Plastik, deen net kompostabel ass, mee sech awer a kleng Partikelen zersetzt an duerno am Waasser lant. Dat ass richteg. Mee e komplette Verbuet vun Einwegplastik wier noutwendeg an och méiglech.

Verschidden Einwegprodukter gi verbueden, wéi Stréihällem an Telleren zum Beispill, mee bei villen anere Produkter bleift et just bei einfacher Reduktionsziel. Emballagé vun Uebst a Geméis fir e Gewicht bis 1,5 Kilo am Plastik gi verbueden, mee sollen elo duerch aner biodegradabel Emballagen ersat kënnen ginn. Eng Léisung ass dat net. Déi Emballagé musse produzéiert ginn an e Recycling dovunner gëtt et eent zu eent och net. Si gehéieren op kee Fall an déi gréng Dreckskëscht.

Et bedeit weider e Verbrauch vu Ressourcen, deen net noutwendeg ass. En interessante Volet, dee mir an deem Kontext begrëssen, ass d'Consigne vun den Emballagé vum Gedränk. Mir sinn do derfir, mee och hei stelle sech Froen zur Ëmsetzung. Mir brauchen lokal, regional Spullanlagen, soss ass den ekologesche Bilan vun de Consignen net onbedéngt positiv. Mir brauchen genormte Flaschen, fir datt et egal ass, wou ee se zrëckbréngt a woumat se duerno befëllt ginn a fir d'Spullen och esou effikass wéi méiglech ze maachen.

Vun engem ekologesche Standpunkt spuert eng reutisabel Fläsch immens vill Ressourcë par rapport zu Einwegfläschen an och recyclebelen Plastikfläschen. Et muss just gutt organiséiert ginn, fir datt et och vun de Leit ugeholl gëtt. D'Vemeidung vu Flasche gelénkt och mat ëffentlechen zougänglechen Drénkwaasserquellen a Waasserspender „right to water“ mat gratis Leitungswasser am Horeca oder mat obligatoreschen Pfandkaffisbecheren. Dowéinst hei eis véiert Motioun.

### Motion 6

La Chambre des Députés,

– vu que le paquet législatif sur les déchets (projets de loi n<sup>os</sup> 7654, 7656, 7659, 7699, 7001) a pour objectif la réduction de la consommation de ressources et de la production de déchets ;

– vu que le projet de loi n<sup>o</sup> 7654 relatif aux emballages et aux déchets d'emballages vise entre autres la prévention des déchets d'emballages ;

– saluant que le projet de loi n<sup>o</sup> 7654 prévoit l'introduction d'une base légale pour la mise en place d'un système de consigne sur les emballages de boissons ;



– considérant que la réduction des emballages de boissons pourrait être davantage favorisée par la mise en place d'un accès facilité à l'eau potable au plus grand nombre ;

– considérant que l'accès à l'eau potable est un droit fondamental,

invite le Gouvernement

– à prévoir l'installation de points d'eau reliés au réseau dans des endroits stratégiques (gares, écoles, université ...) et – dans la mesure du possible – la remise aux normes des fontaines existantes sur le territoire ;

– à obliger les entreprises du secteur de l'Horeca à servir aux clients une carafe d'eau du robinet.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen, Président.** | Merci.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Och wann et hei eng Partie fräiwëlleg Initiative gëtt, feelt et eis awer un Ambitiounen. D'Zäit vun de fräiwëllegen Initiative fir Leit, déi et gutt mengen a sech et leeschte kënnen, fir en vrac, also ouni Verpackung, akafen ze goen, ass scho laang eriwuer. Mir brauche gesetzlech Verpflichtungen. Déi feelend Politik bei der Offallvermeidung verlagert d'Gewicht an eisen Aen ze staark op de Recycling, mat deem de Leit och Sand an d'Ae gestreet gëtt.

Natierlech soll recycéléiert ginn. Mee wann d'Hierarchie vun de Ressourcen, esou wéi se hei am Gesetz och dran ass, eescht geholl géif ginn, da misst vill manner recycéléiert ginn. Hei ginn et direkt e puer Problemer. D'Recyclagetauxen orientéiere sech un der Direktiv a si wéineg ambitiéis. Wat brénge Recyclagetauxen, déi lues a lues sollen eropgoen, wa parallel awer de Gesamtvolumen vu Produkter an Offäll esou séier klëmmt, datt de Volumen vun net recycéléierten Offäll am Endeffekt riskéiert ze klammen?

D'Recyclabilitéit vu Produkter seet näischt iwwert de Recycling aus. Engersäits spille Rentabilitätsaspekter eran. Wann e Recycling ze deier ass, da gëtt net recycéléiert. Anerersäits gëtt et fir verschidde Produite keng Filiären, zum Beispill fir verschidden Zorte Plastik.

Ee gutt Beispill ass och dat vun de PET-Flaschen, déi ab 2025 minimum 25 % recycéléierte Plastik solle beinhalten. Mol dervunner ofgesinn, datt sech dës Zilsetzung just op d'Wësch vun der Industrie alignéiert a guer net ambitiéis ass, weist dësen Taux just, datt ee fir esou Flaschen ëmmer vill Matière vergeet, also neie Plastik brauch, ëmmerhin nach ëmmer 75 %, fir eng nei Fläsch hierzustellen. De „bottle to bottle“ ass eng Illusioun. Et misst elo vill méi op Offallvermeidung gesat ginn.

D'Eko-Organisme sinn an eisen Aen och problematesch, beispillsweis d'Valorlux. Doduerch, datt d'Valorlux vun de Betriber finanziéiert gëtt, déi bestëmmten Emballagen op de Marché brénge mat hire Produkter, stellt sech d'Fro, wien hei fir wéi schafft. Sinn d'Kontributionen u Valorlux esou gestaffelt, datt se wierklech Offallvermeidung initiéieren? Mir zweifelen dorunner.

Am Endeffekt sinn et net d'Produzenten, déi de Gros vun de Käschten droe fir d'Offallgestioun, mee d'Allgemengheet, besonnesch d'Gemengen. Dat ass e rekurrennte Constat. A ville Beräicher ginn d'Käschten, wat den Offall ugeet, an éischter Linn vun der Allgemengheet gedroen, während d'Privatwirtschaft sech déi lukrativ Elementer – de Verkauf vun der Matière première – selwer eraushëlt. Mir hunn et am Dossier SuperDrecksKëscht gesinn, wéi Privatentreprise sech d'Filetsstécker vun der Offallwirtschaft zu ganz favorable Konditiounen erauspicke kënnen.

Laut deem neie Gesetz soll elo all Akafsfläch ab 1.500 Meterkaree eng Kollekt vun Offall organiséieren. Alles deit drop hin, dass dës Zentere privat exploitéiert gi mat manner gudden Aarbechtsbedéngunge wéi an de Gemengeninfrastrukturen, ouni demokratesch Kontroll, wéi dat bei de Gemengen de Fall ass an, wéi mir och fäerten, ouni ekologesch a sozial Vokatioun.

Änlech ass et bei den Infrastrukture fir den Tri an de Copropriété mat véier a méi Wunneenheeten. Den Offall an dës Copropriété soll laut Gesetz net ënnert d'Déchets municipaux ménagers falen a ka soumatt vun aneren Acteure wéi de Gemenge kollektéiert ginn. Dës Punkt ass am Avis an an de Kommissiounen vill diskutéiert ginn. Fir eis ass dës bis haut net zefriddestellend geléist an ass soumat eng weider Entreesdier fir Privatfirmen an d'Offallwirtschaft a kéint en plus zu ënnerschiddlechen Offalltaxen op engem Gemengenterritoire féieren.

Här President, ech kommen elo zum Schluss. D'Gesetz, déi eis haut hei virgeluecht ginn, behandelde formal gesinn d'Offäll, mee a Realitéit hu mir et awer mat enger Thematik ze dinn, déi wäit an eis Wirtschaft eragräift. D'Offäll an de klammende Verbrauch vu Ressourcë sinn en elementare Bestanddeel vun enger kapitalistescher Wirtschaft, an dofir ass et eng Illusioun ze mengen, datt dës Problemer mat dësem Gesetz seriö an de Grëff ze kréie sinn.

Et gi Symptomer behandelt vu Produktivismus a Konsumerismus. An där begrenzten Zäit hunn ech de Fokus op dës fir eis zentral Froe geluecht. Dat soll awer net doriwwer ewechtäuschen, datt eis verschidden Aspekter sympathesch sinn. Ech hunn d'Consigné genannt, mee ech hätt och iwwert de Verbuet vu Pabeiersreklammen an de Boëtten, vu verschiddene Plastikemballagen an Einwegprodukter oder nach vun der Schafung vu Ressourcenzentren an iwwer aner méi detailléiert Mesurë kënne schwätzen.

Trotz allem bleift fir eis hei e batteren Nogeschaach an d'Gefill, datt mir am gemittleche Spadséiergang Erausforderungen noginn, déi eis mat der Vitess vun engem TGV virun der Nues fortueren.

Mee ech kann Iech berouegen, mir wäerten awer all déi Gesetzter matstëmmen. Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Mammad Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Ech probéieren, an där kuerzer Zäit eise Kommentar iwwert déi vill Gesetzter ofzeginn. Dat ass haut sécherlech e wichtegt Gesetz fir den Ëmweltschutz, och an der Klimakris. An alles, wat och selwo virdu gesot ginn ass un nobele Causen, firwat een dat Gesetz mécht, oder déi Gesetzter, dee ganze Pak, do si ganz vill nobel Causen, wou mir als Piraten och derhannert stinn. Et ass awer net ëmmer esou, dass fir dat Zil, wou een hiwëllt, een och iwwerall dee richtege Wee gewielt huet. Dofir wäerte mir haut dräimol mat Jo stëmmen an zweemol mat Nee.

Et sinn am ganze Package gutt Usätz derbäi, mee et sinn der awer och, déi komplett falsch ëmgesat ginn. Et muss een natierlech och soen, dass wéi déi Gesetzter entstanen sinn, et nach en anere Kontext war. Deemools hate mer net 10, 20, 30 % Präissteigerung op der Alimentation an de Supermarchéen. Et ass de Leit deemools net esou schlecht gaangen, wéi et am Moment de Fall ass.

Jo, mir Piraten fannen de Pfandsystem, deem hei ugeschwat ginn ass, och ganz sympathesch. Mir hunn eis do och schon deemools 2018, wéi mer de Walprogramm geschriwwen hunn, Gedanken driwwer gemaach a sinn deemools zur Konklusioun komm, dass

esou e System nëmme Sënn mécht, wann een dat mat den Nopeschlänner, mat der Groussregioun, zesumme mécht.

An et ass ee vun de Punkten, deem eis natierlech stéiert ass: dass Der e Règlement wëllt draus maachen, anstatt dass Der de Pfandsystem iwwer e Gesetz, iwwert d'Chamber ganz transparent géift hei erabrénge a mer hei nach eng Kéier kéinten iwwert dee Pfandsystem diskutéieren. Well mir stinn dem Pfandsystem positiv géigeniwwer, mee awer net der Aart a Weis, wéi Der e wëllt ëmsetzen!

A wann Der e wëllt ëmsetzen, ass eis Demande, dass Der et mat der Groussregioun maacht. Ech mengen, mir hu jo och eng Ministesch fir d'Groussregioun, et gesäit een se zwar net oft, wann et ëm d'Groussregioun geet, mee hei wär e Punkt, wou se op d'mannst kéint aktiv ginn.

Beim Geméis an Uebst, do hu mir a sech ni verstanen, firwat dat grouss muss am Plastik agepaakt ginn. Mee och do si mer mam Zil, wat d'Regierung sech ginn huet, eens, mee awer mam Wee erëm net. Well et ka jo net sinn, dass et weiderhin erlaabt bleift, dat Ganz am Plastik ze importéieren, heihinner ze bréngen, et hannert dem Riddo am Supermarché auszepaken, fir et da virum Riddo dohinnerzeleeën. Well dee Plastik ass produziéiert ginn, also ass der Ëmwelt guer net gedéngt. Dat ass esou e bësse Greenwashing, deem ee mécht. Hanne paakt een et aus a vir gëtt et da schéi geluecht. An dat ass eppes, wou mer d'Regierung net kënnen ënnerstëtzen. Wann Der hei hätt wëllen eppes géint de Plastik maachen, hätt Der misse soen, dass dat emol guer net importéiert dierft ginn. Et dierft emol guer net heihinnerkommen, well esou oder esou, ob et virum Riddo oder hannert dem Riddo herno an d'Poubelle flitt, hutt Der jo do net vill erreicht.

Zum Recycling. Do hat ech op wort.lu interessant Donnéeë gelies, zum Beispill, dass 87 % do gesot hunn, dass se léiwer doheem ofgehall kréien, wat se ze recycéléieren hunn, dass nëmme 10 % géifen an de Recyclingzenter fueren.

Bon, wann ech bei eis an der Gemeng d'Schlaang kucken fir bei de Recyclingzenter, wou een heiansdo laang brauch, hunn ech d'Gefill, dass méi Leit géifen an de Recyclingzenter goen, mee ech loosse déi Zuelen emol einfach esou dosto. Mee nach vill méi interessant war dat, wat d'Regierung elo vun deem Drive-in do an d'Gesetz gesat huet. An ech kommen herno nach op eng ganz aner Kritik, eng Kritik, firwat dass mer d'Gesetz och am Groussen net wäerte matstëmmen.

Deen Drive-in ass an deem Konzept, wéi d'Regierung et elo hei ëmsetzen wëllt, 16-mol méi deier, wéi wann ee recycéléiert an dat doheem ofgehall gëtt. Ganz konkret 6.653 Euro d'Tonn kascht dat an deem Projet, an där Form vun deenen Drive-innen, déi Dir et elo gären hätt, géint 416 Euro d'Tonn, wann et doheem ofgehall gëtt. An Dir kënnt mer net soen, dass dat elo en Ureiz soll sinn, dass d'Leit an d'Firmen an d'Gesellschaft méi recycéléiere sollen, wann et op eemol 16-mol méi deier soll ginn, wéi et aktuell de Fall ass. An et ass ee vun de Problemer, dass an deem Gesetz net wäit genuch geduecht ginn ass.

Dee gréisste Kritikpunkt, an ech mengen, Dir hutt et scho vun eis Piraten erwaart, ass déi SuperDrecks-Këscht. Dee ganze Kontrakt ass zougeschnitten op d'Firme ronderëm d'SuperDrecksKëscht, dat heescht: Haut gëtt e Gesetz gestëmmt, ouni dass virun d'SuperDrecksKëscht legaliséiert ginn ass. Dat steet jo nach ëmmer am Raum, dat dierft een net vergiessen.

Dee ganze Skandal, deem déi gréng eis bruecht hu ronderëm d'SuperDrecksKëscht, ass nach net geléist. Dat dierft een net vergiessen. An haut gëtt awer dat Gesetz

gestëmmt. Wéi huet Reporter.lu richteg do geschriwwen: „Der Verdacht einer Bevorteilung von CCN“ – dat ass déi Firma, déi fir d'SuperDrecksKëscht schafft an dat Ganz mécht – „hinter den Kulissen mit Einwirkung auf politische Diskussionen“. An dann: „Das neue Abfallgesetz könnte nämlich die Machtposition des SuperDrecksKëscht-Imperiums weiter festigen.“ Sou, an dat ass dat, wat déi gréng haut hei an d'Chamber bruecht hunn. D'SuperDrecksKëscht däerf mat hire Machenschaften weidermaache wéi virdrun, ouni dass se virdru legaliséiert ginn ass, ouni dass iergendeppes geschitt ass. Nee, on top hu se et jo nach an enger Pressekonferenz ugekënnegt.

An iwwregens, Pressekonferenz, wa mer dobäi sinn: D'Chamber ass virdrun, während mer hei tagen, informéiert ginn, dass eng nei Ëmweltministesch do ass. Bon, dat kann ee maachen, muss een awer net! Heiansdo kann een d'Chamber och nach respektéieren, dat hätt een net esou misse maachen.

Mee et ass nach ëmmer keng Léisung do gewiescht fir d'SuperDrecksKëscht. An deemools an der Pressekonferenz ass jo gesot ginn, dass Dir där Firma elo nach esou vill Milliounen méi gitt mat Ärem Gesetz, wat Der wëllt maachen. Deementspriedend ...

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här Goergen, kënnt Der eis just nach erklären, zanter wéini nominéiert dann d'Chamber Ministeren?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dat hunn ech jo elo net gesot.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Dir hutt dat dach elo grad gesot.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech hu just gesot, et wär vu Respekt gewiescht, wa mir hei allegueret sëtzen, an nach zu Ëmwelttheemen, ...

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, dat huet jo guer keen Zesumm...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... dass Der eis et op d'mannst och virdru matgedeelt hätt an dass mir net mussen hei eisen Handy opmaachen, fir iwwer eng Push gewuer ze ginn, wien dann elo den Nächsten an der Regierung ass. Mir si gewinnt, dass et méi oft wiesselt.

*(Brouhaha)*

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Mir si gewinnt, dass et méi oft wiesselt.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Kommt, mir kommen zrëck zum Sujet!

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Mee aus Respekt ...

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Kommt, mir kommen zrëck zum Sujet!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dir hutt mech jo elo gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dir hätt net missen ënnerbriechen, Här Bausch.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Aus Respekt virun der Chamber hätt Der dat alt wéinstens kéinten hei soen, ganz transparent, wa mer vun Ëmweltdossiere schwätzen, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Goergen, ech bieden Iech, zu de Gesetzter ze schwätzen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Also, wann d'Theema d'Ëmweltministesch net zu dësem Gesetz gehéiert, da weess ech net, vu wéi engem Theema mer haut schwätzen.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här Goergen, den Ëmweltminister sëtzt hei. Laut dem Arrêté sëtzt den Ëmweltminister hei niewent mir.

**M. Fernand Etgen**, Président | C'est l'orateur qui s'écarte du sujet.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Also, Här President, ech ginn elo net weider sichen.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Riicht Iech wanneghelift un den Ëmweltminister, deen hei sëtzt.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Et ass deen, deen de Moment Ëmweltminister ass.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech weess, et muss een all Dag nei kucken, wie grad Ëmweltminister ass, do hutt Der Recht.

**M. Fernand Etgen**, Président | Genau dat. De Moment ass de Claude Turmes Ëmweltminister.

*(Brouhaha)*

An d'nächst Woch ass et vläicht een aneren.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Also, Dir hutt elo gesot: Wiem seng Schold dass et? – jo, d'nächst Woch ass et vläicht een aneren – Dir hutt elo gesot, wiem seng Schold? Dat ass jo awer elo net meng Schold, dass d'Ëmweltministesch huet misse goen. Also, ech mengen ...

*(Interruption et hilarité)*

O Mamm o Mamm! Ech mengen, do hunn ech e Punkt bei deene Gréngen erwëscht, deen net esou ganz ugesi war. Mee bon.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Reegt Iech net esou vill op!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | O, ech reege mech net op, wësst Der.

*(Brouhaha)*

Ech probéieren ëmmer, d'Nimm ze verhalen, wie grad an der Regierung ass. Deels sinn et gutt Texter, déi Der ...

*(Brouhaha)*

Dir kënnt Iech dach all och elo e bëssen erëm ofreegen! Ech mengen, et ass jo net esou dramatesch!

*(Interruption)*

Maja. Et si jo deels gutt Texter. Huele mer zum Beispill dat vun de Bréifboitten: Dat gefält eis ganz gutt, well bis elo war et ëmmer esou, dass souwisou kee sech dru gehalten huet, wann een deen Autocollant do hat, dee war jo och net rechtsbindend. Deementspriedend ass dat dote ganz flott. Wat mer awer e bësse kritesch gesinn, ass, dass et weiderhin erlaabt ass, dass d'Schäfferéit, ouni dass een dat kéint verhénnere, hir Fotoalben an d'Boitte geheien. Deementspriedend hätt een do och nach kënne méi maachen.

A beim Wegwerfgeschier, jo, dat gesi mer alles ganz positiv. Wéi gesot, mir wäerten haut dräi Gesetzter matstëmmen an zwee stëmmen mer der net mat. An den Haaptkritikpunkt ass, dass d'SuperdrecksKëscht nach ëmmer net legaliséiert ginn ass, dass do nach ëmmer eng ganz grouss Fro driwwer hänkt. An dat

hätt misse virun engem Offallgesetz ganz kloer hei an der Chamber gekläert ginn, ier esou e wichtege Punkt, wou esou vill Milliounen herno um Spill sti fir eng Firma, hei zum Vott kënnt.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert. An dat ass haut den Här Claude Turmes, Minister fir Ëmwelt, Klima an nohaltteg Entwécklung. Här Turmes, Dir hutt d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Gudde Mëtteg. Dat hei ass, mengen ech, wierklech e grouse Moment fir d'Ëmweltpolitik zu Lëtzebuerg. An dee Moment, deen hu mer dem Carole Dieschbourg ze verdanken, awer ech mengen, och all deenen Deputéierten, déi déi lescht Méint, an dat ware vill Méint, heirunner geschafft hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Wat maache mer mat deene fënneg Gesetzter? Mir brénge Lëtzebuerg elo wierklech op de Wee ewech vun enger Wegwerfgesellschaft hin zu enger Zero-Waste-, Null-Offall-Gesellschaft. Dat heescht, mir ginn ewech vum Wuert Offall, vum Konzept Offall, a mir ginn a Richtung Kreeslafwirtschaft.

Mir mussen dat maachen. Ech mengen, mir wäerten e Planéit kréien, op deem mer wäerten 10 Milliarde Leit hunn. Wann déi all esou wéineg Rücksicht huelen op Ressourcen, wéi dat deelweis zu Lëtzebuerg an an Europa de Fall ass, dann hu mer, mengen ech, einfach net genuch Ressourcen. Dat heescht, duerfir mussen mer et maachen. Mir mussen et och aus Klimaschutzgrënn maachen. Eng Tonn Plastik si sechs Tonnen CO<sub>2</sub>. A virdru si jo hei d'Chiffere genannt ginn. Mee et si Milliounen, Honnerte Milliounen Tonne Plastik, an dat mussen Der allkéiers mat sechs multiplizéieren. Da sidd Der séier bei Milliarden Emissiounen vun CO<sub>2</sub>.

An dat Drëtt, an ech mengen, dat ass wierklech och wichteg, well dat en ënnerschätzte Problem ass, dat ass d'Gesondheet. De Fait ass: Mir hu syntheetesch Kleeder, déi gewäsch ginn. Déi Mikroplastiker kommen iwwert den Offall, iwwert d'Ofwaasser an e Floss, duerno an den Ozean, duerno a kleng Planzen am Ozean, duerno an de Fësch an dann herno erëm op eisen Teller. Dat heescht, mir verseuchen eis selwer iwwer eeben dee Mikroplastikkonsum. An ech mengen, do ass et och wichteg, dass mer hei éischt Schrëtt huelen, och wann déi Schrëtt nach net duerginn. An ech mengen, dat war opgeworf gi vum Här Schaaf.

Um europäeschen Niveau leeft am Moment eng Biergerpetitioun, an d'Europäesch Kommissioun muss an e puer Wochen dozou Stellung huelen. A mir sinn als Regierung der Meenung, an och do hannendru mat eeben entsprechemdem politeschen Drock, dass um EU-Niveau nach méi wäit muss gaange gi bei de Mikroplastiker.

An da gött et eppes Véiertes, wat mer hei maachen. D'Leit dobausse wëlle méi, besser Strukturen hunn, fir manner Offall ze maachen. Si wëllen éischters, dass manner Verpackungen an de Supermarché sinn. Si wëllen zweetens, dass se méi einfach Strukturen hunn, fir dann entweder Saachen ze reparéieren oder Saachen eeben ze recycléieren oder nach eng Kéier ze gebrauchen. An iwwer déi heite fënneg Gesetzter verbessere mer d'Strukturen am Land, fir et de Leit méi einfach ze maachen an och deenen aller-, aller-, allermeeschte Betriber.



Gutt, dann hu mer der e puer, déi natierlech Oplage kréien. Mee ech mengen, et kann net aneschters sinn, wéi dass mer zum Beispill an de Supermarchéen, an de ganz virgelagerte Logistikkette vun den Narungsmittelen, per Gesetz musse Saachen änneren, well deen Eenzelen dat net léise kann.

Ech wollt op e puer Kritikpunkten agoen. Ech mengen, den Här Schaaf huet gesot, et wier net geschwat gi mat de Secteuren. Ier d'Gesetz deposéiert ginn ass, ware Biergerreuniounen. Do hu mer de Bols gespuert vun de Bierger. An et waren op d'mannst 15 Reuniounen, en présence vun der Ministesch, iwwer all déi Méint mat dem Secteur. An et ass jo esou, an ech mengen, dat ass och aus den Erklärungen notament vum Rapportier ervirgaangen –, dass mer jo och Saachen ugepasst hunn. Mir hu Saachen ugepasst. Mir hunn Datumen ugepasst, mir hunn och heiansdo an der Substanz Saachen ugepasst, awer ëmmer an der Iddi: Mir mussen ambitiéis sinn!

Da kënnst e Punkt, Här Schaaf, an deem ech Iech net Recht ginn. Dir hutt gesot, EU-Direktive wieren do fir ze harmoniséieren. Wann d'EU wëllt harmoniséieren, da mécht d'EU e Règlement, dat eent zu eent ëmgesat gëtt. An da ginn ech Iech eng Zuel, an déi Zuel eleng erkläert, firwat mir hei zu Lëtzebuerg mussen an deem heite Beräich iwwert d'EU-Direktiv erausgoen. An zwar – an ech mengen, et ass eng Zuel, déi wichteg fir eis alleguerten ass – maache mir zu Lëtzebuerg am Schnëtt 790 Kilogramm Offall, 790 Kilogramm Offall pro Kapp. D'Moyenne an der EU ass 505 Kilogramm Offall.

Dat ass kee Wonner, wann ee weess, dass mir e Land mat engem héijen Akommes sinn. Wann d'Leit méi en héicht Akommes hunn, dann ass och méi Konsum. Dat heescht, wa mir net Gesetzter maachen, déi besser si wéi den Duerchschnëtt, da kënnen mer ni gutt ginn. An dat ass eng ganz, ganz logesch Erklärung. Mir mussen an de Gesetzter ambitionéiert sinn. Mir mussen iwwert den EU-Minimum erausgoen. Well mer an engem Ëmfeld sinn, an deem mer, well mer méi Revenuen hunn, eeben deelweis och méi Konsum hunn, gëtt eeben och méi ewechgeworf. An dat musse mer eeben duerfir ënnerbannen.

Zu der Fro: „Wéi vill Recyclingstrukture braucht de nach?“ Ech mengen, déi komplementär Offer, déi mer an de Supermarché schafen, dat huet d'Madamm Empain och nach eng Kéier gutt erkläert. Ech mengen, d'Leit ginn an de Supermarché. Firwat solle se Verpackung mathuelen, wa se erausginn, déi se net brauchen? Déi kënnen se direkt doloossen. Et mécht jo kee Sënn, dass se se fir d'éischt mat heem huelen an dann en Ëmweert de Recyclingszenter maachen. Dat maache se dann direkt op der Plaz.

An dat anert ass: Wa se zréckginn an de Supermarché, da kënnen se jo och verschidde Saachen zréckhuelen. Dat gi kleng Strukturen. Do gëtt et éischt Pilotprojeten. An ech sinn iwwerzeegt, dass dat e Succès gëtt. An dee Succès wäerte mer dann an deem Monitoring, dee mer do och maachen, feststellen.

Nach eng Kéier vläicht zum Muertendall: Mir hunn nach déi Deponie. Dat ass manner wéi 5 % vun eisem Gesamtstoffall. Mee och do, mengen ech, ass et wichtig, dass mer en Enddatum setzen. An ech mengen, d'Madamm Dieschbourg hat scho Gespréicher ugefaang mam SIGRE, dem Bedreier vum Muertendall. Wann ech Iech nëmmen ee Beispill ginn: Wa mer Klärschlamm verbrennen an notzen, zum Beispill als Zement, dann hu mer Schlacken. An et si Gespréicher zum Beispill: Dat wier eppes, amplat dat dann an d'Ausland ze féieren, kéint esou eppes dann do quasi am Muertendall verbuddelt ginn, am gudde Sënn. Dat heescht, mir hunn do alternativ Notzungen, amplat do nach

weider quasi Ressourcen ze verbuddelen, wat jo da kee gudden Usaz ass.

Zu de Reklammen: Ech si frou, dass hei all Gemeng dat begreift. Ech mengen, et ass dach e wonnerbaren Dag fir all eis Bierger, déi sech säit Joerzénge opreegen iwwer all déi Reklammen, déi se an d'Bréifboite gestach kritt hies. Et huet keen duerno gefrot. An elo hu mer endlech e System, wou et den ëmgedréite Wee ass, dat heescht, dass de dat muss soen. A mir hunn och do Gespréicher ugeféiert mat den Acteuren. An dat wäert warscheinlech drop erauslafen, dass herno déi Leit, déi onbedéngt wëlle Reklamme kréien, sech melden an dass dann déi, déi nach Reklammen ausdroen, da Lëscht hunn, esou dass de do och net onbedéngt e Sticker op denger Bréifboite braucht. Dat heescht, do si mer och amgaang, eng Léisung ze sichen, déi ganz pragmatisch ass.

Zu de Mikrooffall hat ech geschwat. E wichtige Punkt – an deem ass erwähnt ginn, mengen ech, och vum Max Hahn – ass de Bauschutt. A beim Bauschutt, ech mengen, wat mer do musse maachen, ass natierlech ultimativ.

Déi nei Gebaier, déi mer bauen, dat si Ressourcëbanken. All d'Glas, wat do agebaut gëtt, all de Koffer, deen agebaut gëtt, muss repertoriéiert ginn. Mir sinn do als Lëtzebuerg ee vun de Virreider an Europa. A wann déi ofgerappt ginn a 15, 20, 30 Joer, da wësse mer, wat do dran ass. Mee gutt, mir hunn awer och déi besteend Gebaier.

Wat mer elo amgaange sinn ze maachen a wat wichtig ass ze verstoen: Beim Bëton zum Beispill kënnen mer an d'Richtung goen, fir Bëton ze huelen, deen 30, 40 % recycelierte Bëton huet. Mee da muss e fir d'éischt zertifizéiert sinn op d'Stabilitéit. An ech mengen, de François Bausch als Marché-publics-Minister wäert dann och an den nächste Joren, wann dat da bis zertifizéiert ass, Marché-publicken ausschreien, bei deenen dann en Deel vun deem, wat an d'Gebäier kënnst oder op anere Plazen agebaut gëtt, eeben en héijen Undeel huet vun zertifizéiertem recycelierte Bëton. Dat ass ee Beispill, an do wäerte mer och nach weider an déi Richtung goen.

En anere Punkt, dee mer, mengen ech, hei elo wierklech an eng aner Dimensioun bréngen, ass den elektronischen Offall. An eleng, dass mer d'Recyclingzenter ëmbauen a Ressourcenzenteren, firwat maache mer dat? Besonnesch och, fir dass d'Leit endlech eng Plaz hunn, wou se hir elektronesch Geräter kënnen ofginn a wou hannendrun dann iwwer kollektiv Aktiounen reparéiert ka ginn an eng zweet Notzung ka geschéien. Dir wësst, dass mer schonn eenzel Projeten hu vu „social reuse“, fir Leit, déi manner Moyenen hunn, déi déi gefléckten Elektronik notzen. An dat wäerte mer elo vill méi am grouse Stil maachen.

An dann natierlech, dat hat de Max Hahn och erwähnt: Sharing. Ech mengen, et gëtt eng ganz Rei Saachen, Buermaschinen, Méimaschinen an esou weider, déi herno an de Ressourcenzenteren stoe wäerten. D'Leit wäerte se sech do lounen. An och doriwwer kënnen mer ganz, ganz vill Ressourcen aspueren.

Gutt, ech wëll elo net weider an d'Detailer goen. Zum Schluss nach eng Kéier e ganz, ganz grouse Merci un de François Benoy, de Rapportier. Ech mengen, ech vergläichen dech mat engem Kapitän vun engem Schëff. Dat war e groust Schëff, e Cargoschëff. An do ware Leit dobaussen, déi hunn heiansdo ganz héich Welle gemaach, verbal Wellen an heiansdo nach e bësse méi hefteg Wellen. An Du hies als Kapitän dat Schëff an de sécheren Hafe bruecht. Duerfir e grouse Merci.

Mäi gréisste Merci geet awer haut un d'Carole Dieschbourg. Ech hätt dem Carole wierklech gewënscht, dass hatt haut hätt kënnen hei stoen. Dat do

war säin Häerzensblutt. Hatt wollt dat dote Gesetz gutt maachen. Et huet ganz, ganz vill Zäit heiranner gestach. An ech fannen et esou onfair, wa souguer, nodeems et zréckgetrueden ass, nach ëmmer Leit hei sinn, déi notréppelen. Gutt, wann dat méttlerweile zu eiser politescher Kultur gehéiert ... Et ass eigentlech traureg, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | ... well eigentlech ass dat hei e Monument fir d'Carole.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Ëmweltminister Claude Turmes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7654. Den Text steet am Document parlementaire 7654<sup>14</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7654 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Ech waarden nach eng hallef Minutt. Da waarden ech nach zéng Sekonnen. Da komme mer elo bei de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass bei 33 Jo-Stëmmen, 20 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Dan Biancalana), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Stéphanie Empain), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mme Diane Adehm, MM. Emile Eicher, Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Marc Lies, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*S'est abstenu : M. Aly Kaes.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7656. Den Text steet am Document parlementaire 7656<sup>13</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7656**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. Do feelt nach e bëssen. De Vott ass ofgeschloss.

An dëse Projet de loi ass mat 51 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7656 est adopté par 52 voix pour et 4 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par Mme Martine Hansen), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par Mme Lydia Mutsch), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Da kéime mer zum Projet de loi 7659. Den Text steet am Document parlementaire 7659<sup>24</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7659 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer elo bei de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dëse Projet de loi ass mat 33 Jo-Stëmmen, 21 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par Mme Lydia Mutsch), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Claude Wiseler), Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Marc Lies), Laurent Mosar (par M. Gilles Roth), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

#### **Dispense du second vote constitutionnel du projet de loi 7656**

Dat selwecht froen ech fir dee Projet virdrun. Do hat ech vergiess, d'Dispens ze froen. Freet d'Chamber och d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel fir de Projet de loi 7656?

(Assentiment)

Dann ass dat och esou decidéiert.

Da komme mer elo bei de Projet de loi 7699. Den Text steet am Document parlementaire 7699<sup>8</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7699 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dëse Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7699 est adopté à l'unanimité des 58 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Claude Wiseler), Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Marc Spautz), Laurent Mosar (par M. Gilles Roth), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Dan Biancalana), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7701. Den Text steet am Document parlementaire 7701<sup>12</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7701 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dëse Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

#### **Plusieurs voix | O!**

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7701 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Marc Lies), Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Marc Spautz), Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), M. Laurent Mosar (par Mme Martine Hansen), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Dan Kersch), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Dan Biancalana), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen**, Président | Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### **Motions**

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen.

#### **Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Här Schaaf deposéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Jo, villmools merci, Här President, fir d'Wuert. Et ass jo eng Motioun, wou den Haapttenor vun der Motioun ass, dass mer eng Evaluatioun maachen no der Mise en vigueur vun dem Gesetz, awer par rapport zu enger ganz spezifischer Dispositioun. Ech wëll soen, dass et eng Motioun och gëtt, déi meng Nopesch deposéiert huet, an där et drëms geet, fir eng generell Analys natierlech am Kader vun der Mise en œuvre vum Gesetz ze maachen. Dat heescht, an där Logik wëll ech eigentlech soen, dass déi Motioun, déi d'Stéphanie Empain deposéiert huet, do vill méi komplett ass a selbstverständlech och deen ee kleng spezifische Punkt, deen hei erausgeholl ginn ass, eigentlech och consideréiert.

Da wëll ech awer soen, wann ech da méi genau an den Detail vun der Motioun ginn an ech kucke mer d'Consideranten un, ass natierlech do déi Analys par rapport zum System vun der Valorlux. Ech wëll just soen, ob dat elo méi effikass soll si wéi en anere Système de collecte. Mir wëssen, dass et do och methodologesch Diskussiounen driwwer gëtt. Ech wëll déi elo net hei erëm ganz auspaken, mee et féiert op alle Fall derzou, dass een dee Verglach, op alle Fall esou, mengen ech, wéi en hei an der Motioun steet, net ka maachen.

Ech wëll dann awer och soen, dass een de System vun der Valorlux als Complement zu deem Centre de



recyclage soll gesinn, deen elo mat deem heite Gesetz agefouert gëtt. Et ass nämlech esou, dass et kee Wäert huet, elo dat eent géint dat anert auszespillen. Dat sinn zwou Saachen, déi mer eigentlech brauchen. A wann Der och genau den Text gekuckt hutt vum Gesetz, dat mer elo gestëmmt hunn, da wësst Der, dass déi Centre-de-collecten, déi mer an de Supermarché maachen, och vill méi wäit gi wéi dat, wat ee souguer an déi ausgeweit Valorlux-Tut kann drageheien, soudass ee wierklech gesäit: Dat sinn zwou verschidde Saachen, déi een eigentlech net esou niewentenee ka stellen a quasi dat eent géint dat anert ofweien. Dat sinn zwou verschidde Mesuren, déi mer allen zwou brauchen, déi alleguerten hir Wichtigkeet hunn, mee déi e bëssen eng aner Finalitéit hunn.

Da wëll ech awer och generell zu där Evaluatioun no zwee Joer soen, dass zu deem Zäitpunkt, wou mer déi Evaluatioun hei maachen, déi dote Mesure eigentlech eréischt e puer Méint a Kraaft ass, fir dat elo mol einfach dohinzeustellen. Entscheedend ass, dass mir déi Motioun esou net kënne matdroen aus deene Grënn, déi ech elo genannt hunn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Den Här Schaaf als Auteur vun der Motioun.

**M. Jean-Paul Schaaf (CSV)** | Ech wollt Merci soe fir d'Explikatiounen. Ech wollt awer just dem Här Benoy soen, dass jo eebe genau dat de Sujet kéint sinn, dass een emol eng Methodologie definéiert. D'Iddi war: Et gëtt jo net akzeptéiert vu jidderengem. Da muss jo den Auteur vun der Evaluatioun sech jo eng Methodologie ginn, an e seet: „Wat wëll ech genau kucken?“ An et geet och net drëm, ze soen, wat fir ee vun deenen zwee Systemer besser ass, mee éischter: Wat sinn d'Inzidenze vun deem engen op deen aneren? Elo hu mer eppes, dat um Marché scho laang funktionéiert. Elo kënnt eppes aneres derbäi. Wat ännert? Wéi sinn d'Komplementaritéiten? Wéi sinn d'Differenzen?

Also, et gëtt net drëm ze soen: Ass dat eent besser wéi dat anert? Dat war eigentlech domadder net gesot, soudass ech soen: Wann ee seet, et wär net vergläichbar, da fannen ech dat elo net. Ech fannen et interessant, dass Dir an Ärer Motioun, déi Der eraginn hutt, jo bal an déi do Richtung gitt, just leider net wäit genuch. Dann hätte mer kënne soen, Dir hätt et iwwerholl.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Schaaf. D'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Jo, ech si beim Här Schaaf do derbäi. Wann ech mech net ieren, gëtt et dat jo awer schonn, dass Supermarchéen esou Kollekte maachen. An dat hätt jo och scho kënnen evaluéiert ginn, ier mer iwwerhaapt op dee Gesetzestext hei gaange sinn. Deen ee Projet ass jo awer schonn eng Zäit um Lafen an dat hätt ee jo awer kënnen evaluéieren an do hätt ee kënne Faziter erauszéien.

Dofir, ech fannen elo net, dass déi zweet Motioun déi heite géif ersetzen. Ech fannen, dat hei ass complementaire zu der zweeter Motioun. An ech fannen och, wéi den Här Schaaf gesot huet, dass ee kéint doraus zéien: Wat leeft vläicht gutt oder net esou gutt? Wat kéint ee verbessern? An ech denke schonn, wann dat a Privathänn ass, misst een op alle Fall dat méi genee mat der Lupp kucken. Also mir ënnerstëtzen dës Motioun.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Cecchetti. Ech mengen, da kënne mer zum Vott vun där Motioun kommen.

#### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 1 ass mat 27 Jo-Stëmme bei 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Marc Lies), Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Marc Spautz), Laurent Mosar (par M. Gilles Roth), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Mars Di Bartolomeo), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

#### Motion 2

Da kéime mer elo zur Motioun Nummer 2, déi vun der Madamm Stéphanie Empain deposéiert ginn ass. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Do ass villen dran, wat eis sympathesch ass, virun allem hate mer virun zwee Joer eng Motioun hei deposéiert als Piraten, dass all Gemeng sollt eng gréng Poubelle kréien. Deemools hat nämlech nach net all Gemeng eng gréng Poubelle. An dat gehéiert jo och zu deem Kontext. An do hu mer d'lescht Joer am November nach eng Kéier nogefrot an et konnt een nach ëmmer net an all Gemeng de Biooffall an enger grénger Poubelle ofginn. Zum Beispill Walfer war dat. Do konnt ee just de Grünschnitt ofginn an et konnt een net ...

*(Interruption)*

Et ass dat, wat d'Ministesch eis deemools geäntwert huet, virun e puer Méint. Do war et Walfer. Dofir si mer frou, dass dat elo ëmgesat gëtt, ...

*(Interruption)*

... déi Motioun mat de Poubellen.

*(Interruption)*

An de Punkt, firwat mer et awer net wäerte matstëmmen, ass ganz einfach, well mer net der Meinung sinn, dass déi ganz Vidange-Consigne iwwer e Règlement muss gereegelt ginn, och wa mir se sympathesch fannen. Dat misst e Gesetz sinn. Et kann net sinn, dass dat laanscht d'Chamber geet.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Goergen. An dann huet d'Madamm Jessie Thill d'Wuert gefrot.

**Mme Jessie Thill (déi gréng)** | Jo, ech wollt da just op déi doten Ausso reagéieren. D'nächste Kéier verifiéiert Är Fakten. Mir hunn zu Walfer mëttlerweil eng gréng Poubelle.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Thill. An da freet d'Wuert den Här Jean-Paul Schaaf. Fir d'éischt vläicht den Här Goergen als Äntwert dorobber.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Also, ech vertraue menge Quellen. Meng Quell war den Ëmweltministère, dee mer op eng Question parlementaire geäntwert huet, dass Der zu Walfer just de Grünschnitt akzeptéiert a keng Offall aus der Kichen. Bon, dann deet et mer leed, dass ech déi falsch Äntwert krut op eng Question parlementaire.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Goergen. Dann huet den Här Schaaf d'Wuert gefrot.

**M. Jean-Paul Schaaf (CSV)** | Jo, also net zum Kichen-offall, mee allgemeng zu der Motioun hei. Et ass eng Motioun, déi mir kënne matstëmmen. Ech wollt awer just zwou Remarque soen. Eng Kéier, bon, et ass eng Dommheet: Am „invite le Gouvernement“, drëten Tilet, do steet dat Wuert „dans le contexte“ zweemol am Saz. Dat muss een eemol sträichen. Mee dat ass awer just, fir d'Archive richteg ze maachen.

An da freeën ech mech driwwer, dass awer d'Kriticken, déi komm si vun den Organisatiounen a vun der Chamber, notament hei awer och e bëssen opgehall ginn an dëser Motioun fir ze soen, dass een elo mol sech beméit ëm eng Concertatioun vun de Pays Benelux. Ech fannen dat gutt. Ech wëll soen, dass een dat virdrun hätt misse maachen, mee et ass awer gutt, dass Der elo sot: „Da kucke mer dat elo“, an dass eeben och eng Evaluatioun vum Paquet déchet gemaach soll ginn.

Dir sot natierlech och „innerhalb vun zwee Joer“, woubäi Der virdu gesot hutt, zwee Joer wäeren ze fréi. Mee ech sinn awer frou fir déi zwee Joer, fir dat ze maachen. An eeben och, dass d'Autorités communales sollen ënnerstëtzt ginn, fir e Réseau national des centres de ressources opzebauen. Et geet also och dodrëm, fir ze kucken, wéi mer dat mateneen ofstëmmen. Et ass e bësselchen dat, wat ech a menger Ried virdrun och gesot hunn, dass mer jo eng Problematik hunn, dass mer keen Tourismus wëllen organiséieren an der Kollekt. Do si mer da gespaant, wat dobäi erauskënnt. Mir wëllen dat hei ënnerstëtzen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Schaaf. Ech mengen, da kënne mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 2 kommen.

#### Vote sur la motion 2

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 2 ass bei 52 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen ugehall.

*Résultat définitif après redressement : la motion 2 est adoptée par 51 voix pour, 2 voix contre et 4 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Claude Wiseler), Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Octavie Modert (par Mme Martine Hansen), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Dan Biancalana), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars*

Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

### Motion 3

Da kéime mer elo zur Motioun Nummer 3, déi vun deene Lénken deposéiert ginn ass, an där et drëm geet, fir d'Publicitéitspannoen ze verbidden. Den Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Jo, villmools merci, Här President. Ech wëll soen, dass dat, wourëms et hei geet, jo ganz vill och d'Kompetenz ass vun de Gemengen – also ze soen: „Wat erlaben ech a mengem PAG? Wat erlaben ech a mengem ëffentleche Raum? Wéi ginn ech domadder ëm?“ – respektiv och vu privaten Acteuren, soudass ech eigentlech mengen, dass dat zum Deel eis hei net concernéiert, respektiv, dass aner Acteuren do och hir Verantwortung am Kader vun der aktueller Legislatioun kënnen iwwerhuelen.

Da wëll ech awer och vläicht nach eng Kéier dozou soen, dass mer virun enger Zäitche hei e Gesetz gestëmmt hunn, nämlech wéi mer d'Naturschutzgesetz aktualiséiert hunn. Do hu mer eis eeben och eng Basis ginn, justement fir géint d'Liichtverschmutzung virzegoen. An an deem Sënn wëll ech soen, dass dee Problem, dee sécherlech do ass vun der Liichtverschmutzung, deen dat heiten och concernéiert, zu engem groussen Deel mat deenen Dispositiounen, déi mer an deem Gesetz geholl hunn, scho reduzéiert gëtt, op alle Fall fir deen Deel, wann et deen da gëtt an der Gréngzon, also ausserhalb vum ëffentleche Raum an de Gemengen.

Mee fir de Rescht ass dat heiten och ganz vill eng Fro, wat d'Gemengen autoriséiere respektiv wat d'Baute-reglementer an d'PAPen an d'PAGen an de Gemengen hierginn.

An do muss all Gemeng, mengen ech, kucken, wéi si domadder ëmgeet a wéi si hir Prioritéite wëllt setzen, quitte dass ech et absolutt novollzéie kann, voilà, dass d'Verschmutzung, soen ech elo mol, vum urbane Raum duerch d'Publicitéit eppes ass, géint dat een op alle Fall och eppes ka maachen. Mee ech mengen, d'Gemege sollten do virun allem emol hir Verantwortung iwwerhuelen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, merci, Här President. Ech liesen zwee Invitten, déi soen „à interdire“. Dat stéisst mer schonn e bësse sauer op, well einfach mol ze verbidden, ouni eng Alternativ ze proposéieren, ass e bësse kuerz gegräff. An da kënnt awer en zweete Punkt. Dat doten ass jo net nëmmen am ëffentleche Raum dobaussen. Dat do kann och an dem ëffentleche Raum dobanne sinn. Et ginn notament d'Garen an de Flughäfen. Mir hunn nëmmen ee Flughäfen zu Lëtzebuerg gemellt.

An da muss ee sech awer d'Fro stellen, wat mat deem zweeten Invite soll gemengt ginn. Soll elo um Flughäfen verbuede ginn, Werbung ze maache fir e Vol? Well mir sinn eis alleguerten eens, dass d'Fléien net onbedéngt

dat Klimafrëndlechst ass, a gläichzäiteg soll dann um Flughafen – genau do, wou vläicht awer eng Airline wëilt hir Destinatiounen promouvieren – verbuede ginn, dass se nach soll hir Offer kënnen promouvieren. Ech fannen dat awer e bësse ridicule, muss ech soen. An ech hätt nach iergendwéi dermat lieue kënnen, wa mer gesot hätten: am ëffentleche Raum dobaussen. Mee spéitstens op de Garen an op dem Flughafen ass et en plus Propriété privée, déi just ëffentlech zougänglech ass. An do eppes ze verbidden, fannen ech, dat géif awer eise Parlament net direkt zoustoen, virun allem, well ech d'Ziler hei zwar ënnerstëtzen, awer net verstinn, wéi se sollen erreecht ginn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Dann huet den Här Keup d'Wuert gefrot.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Jo, also, am Fong, d'Reklammen, wann ech dat kucken hei, am ëffentleche Raum, um Flughafen, op de Garen, dat ass am Fong eppes, dat mer zu Lëtzebuerg jo gottseidank, soen ech elo mol, vläicht net esou vill kenne wéi an anere Länner, an deenen dat vill méi generaliséiert ass, och laanscht d'Stroossen an iwwerall. Dat hu mer hei net esou. An ech fannen et am Fong gutt, dass mer et net hunn. An et ass mer am Fong och sympathesch fir ze soen, dass een déi Reklamme sollt op e Minimum reduzéieren.

Natierlech, fir hei elo ganz „interdire“ ze soen, geet vläicht e bësse méi wäit, ze wäit. Mee dee groussen Problem gesinn ech am Fong hei, fir ze schwätze vun de „produits climaticides“ respektiv „les plus émetteurs de gaz à effet de serre“ an de „producteurs de déchets“. Wat ass dat dann? Dat ass jo effektiv de Flieger, dat ass jo d'Kazefudder, dat ass jo am Endeffekt quasi alles, fir dat am Moment Reklamm gemaach gëtt. Da froen ech mech, firwat een iwwerhaupt nach Reklamm kéint maachen. Duerfir wäerte mer dat heiten net matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Keup. Dann huet den Här Jean-Paul Schaaf d'Wuert gefrot.

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Jo, just fir et kloerzestellen: Mir wäerten dat heiten och net matstëmmen. Ech sinn eigentlech éischter beim Här Benoy fir ze soen: Dat doten ass eng kommunal Reglementatioun an tëschent dem Alles an dem Näischt gëtt et och nach eppes dertëscht. Dat kann een zum Beispill stoneméisseg reegelen. Et kann een a Bushaisercher derzou iwwergoen, dass ee seet: Ma d'Belichtung am Haische gëtt ersat duerch d'Belichtung vum Panneau publicitaire an Änleches. Also et muss net ëmmer nëmmen alles reng negativ sinn. Et gëtt och eppes do dertëscht. An et ass kommunal ze reegelen an net national ze verbidden. Mir stëmmen dat net.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Schaaf. An da geet d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, Dir wäert Iech jo virstelle kënnen, dass mir dat alles elo net esou fannen. Also, mir fannen déi Motioun immens gutt, well mir géint Publicitéite sinn.

(Hilarité)

Dir hutt e Gesetz gestëmmt, laut deem mer solle manner Publicitéit maachen. A virun allem geet et hei drëms, dass et gewësse Multinationale gëtt – déi, bei déi ganz vill Jonker iesse ginn –, déi ganz klimaschiedlech sinn a wou grad dann déi Reklammen do sinn op de Garen oder op de Flughäfen oder wou och ëmmer. A mir kënnen jo awer net esou zwee Gesichter hunn. Op där enger Säit soen: Mir wëllen CO<sub>2</sub>-Emissionen aspueren, mir wëllen eng aner Liewensaart a - weis hunn. Mee dozou gehéiert och, dass ee vläicht manner flitt. An d'fir behale mir awer eis Motioun bäi, och wa se superfetatoire ass an hei elo total ofgeschoss gëtt.

(Interruption)

Et ass awer egal, si ass, si ass ... Ech hunn dat gesot. Ech dierf dat dach soen. Ech wëll dat Wuert och emol eng Kéier an de Mond huelen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat heescht, Dir gitt selwer zou, dass se superfetatoire ass. Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | An iwwregens ass et u mir elo ze schwätzen. Ech hunn nach net héieren, dass de President engem aneren d'Wuert ginn huet. Voilà.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | An d'Gare si jo awer och an der Zoustännegkeet vun engem Ministère, wou de Minister heibannen ass. Also, do kéint een awer, wann een och déi hei Motioun elo ofschéisst, e bëssen Efforte maachen, fir ze kucken, wat fir Reklamme mer zouloossen. An d'Gemengen – et si jo och genuch Double-mandatairen heibannen – kënnen jo dann och an hirem PAG kucken, fir eppes ze maachen. Voilà.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An ech fannen, dass mer elo iwwert dës Motioun kënnen ofstëmmen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

### Vote sur la motion 3

De Vott fänkt un. Mir kommen dann zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 3 ass bei 2 Jo-Stëmmen an 52 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Résultat définitif: la motion 3 est rejetée par 2 voix pour et 57 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Marc Spautz), Mme Octavie Modert (par M. Gilles Roth), M. Laurent Mosar (par Mme Martine Hansen), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Dan Biancalana), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

### Motions 4 et 5

Da komme mer zur Motioun Nummer 4, an där et drëm geet, dass soll en Affichage obligatoire gemaach ginn, wat d'Reparabilitéit bei den Haushaltsgeserätern ubelaangt. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergreifen? Den Här François Benoy.



**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Jo, villmools merci, Här President. Ech erlabe mer, zur Motioun 4 a 5 zesummen ze schwätzen. Also do kéint een effektiv elo soe bei deene Motiounen: Déi si superfatatoire. Well ech froe mech dann awer e bëssen, ob d'Madamm Cecchetti genau gekuckt huet, wat an deene Gesetzter alles drasteet. Ech weess elo net, ob se se gestëmmt huet. Dach, si huet se gestëmmt.

Well justement si mer jo grad bei den elektronische Geräter wéi och bei anere Geräter derbäi, de Produzenten elo ze soen: Dir musst Är Produite méi laang haltbar maachen! Dir musst méi laang garantéieren, dass se erëm an de Circuit kommen. Dir musst kucken, dass, wa se kënne reparéiert ginn, se am Marché bleiwen an esou weider an esou fort. Ech maachen elo net erëm eng Kéier mäi Rapport komplett.

Gläichzäiteg wësse mer awer och, dass op europäeschem Niveau déi Entwécklung vun deenen Direktiven an déi Weiterentwécklung vun deenen Direktiven och ëmmer nach weidergeet. Dofir géif ech proposéieren, dass mer eis bei de Motioun 4 a 5 Zäit huelen an dat an der Kommissioun vläicht eng Kéier kucken, ok. A vläicht dann deene Leit, déi d'Gesetz net esou frësch drohunn, dat se elo grad gestëmmt hunn oder och net gestëmmt hunn, eng Kéier genau erklären, wat wirklech an där Dispositioun hei dran ass, respektiv Dir kuckt dat dann nach eng Kéier virun der Kommissioun. A vläicht och eng Kéier genau d'Analys ze maachen: Wat fir eng Direktive sinn elo ënnerwee?

Wann déi Lénk awer net mat op dee Wee wëlle goen, da kënne mer dat heiten net matdroen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. Ech géif dann direkt d'Wuert un den Auteur vun der Motioun gi fir ze kucken, ob se d'accord sinn, fir dës Motiounen an d'Kommissioun ze verweisen.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Natierlech si mir d'accord, dat do ze maachen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Mee mir mussen eis hei och net esou beléiere loossen, pardon. Hei steet eppes vun engem Indice de réparabilité drop. Et steet net drop, wéi laang a wat a wou, mee datt och de Client et direkt weess, wann en eppes keeft. Ech mengen, déi Motioun ass net verstane ginn. Et geet hei drëms, datt de Client direkt weess, ...

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Madamm Cecchetti, ech hu grad gesot, ech hunn och zur Motioun 5 geschwat.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech schwätzen elo mol vun der Motioun 4. Do steet nämlech drop, en Indice de réparabilité ...

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Ma da sot net, ech hätt vun der Motioun 4 geschwat.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | ... an dat ass fir eis wichteg. Bon, et ass och egal. Dat do huet ee wirklech net ...

(Brouhaha)

**Vote sur le renvoi de la motion 4 en commission**

**M. Fernand Etgen**, Président | Also, ass d'Chamber d'accord, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen? Wien d'accord ass, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Da gëtt dës Motioun, d'Motioun Nummer 4, an d'Kommissioun verweisen.

(La motion 4 est renvoyée à la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire.)

**Vote sur le renvoi de la motion 5 en commission**

Bei der Motioun Nummer 5 ass dat och proposéiert ginn. Ass d'Chamber d'accord, fir och d'Motioun Nummer 5 an d'Kommissioun ze verweisen?

Wien d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien enthält sech?

Wien ass dergéint?

Dat heescht, och dës Motioun ass eestëmmege an d'Kommissioun verweisen.

(La motion 5 est renvoyée à la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire.)

Dat do war eng ganz gutt Übung, fir de Fréisport muer de Moien net brauchen ze maachen.

**Motion 6**

Da kéime mer bei d'Motioun Nummer 6, wou eebe gefrot gëtt, datt verschidde Pointen, wou Waasser offréiert gëtt, sollen installéiert ginn, respektiv datt och am Secteur Horeca de Clientë soll eng Karaff zur Verfügung gestallt ginn. Den Här François Benoy freet d'Wuert.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Villmools merci, Här President. Ech weess net, ob Der Iech erënner: Mir hate virun e puer Joer, virun der Pandemie, en Débat public hei, wou mer eebe justement driwwer diskutéiert hunn, ob ee Karaffewaasser soll an der Restauratioun ubidden. Ech preziséieren: net gratis! Dat war net Objet vun där Petitioun. Einfach ubidden, och géint e Präis. Dorëms ass et gaang. A gläichzäiteg wëll ech och soen, dass do ganz vill Gemenge sinn, déi Efforte scho maachen haut, dass och Drénkwaasser am ëffentleche Raum ugebuede gëtt.

Dozou wëll ech soen, dass et e Projet de loi gëtt, dee kierzlech vun der Regierung deposéiert ginn ass, nämlech de 7995, an deem et drëms geet, fir eeben Accès am ëffentleche Raum zu Drénkwaasser, Leitungswaasser ze offréieren. Gläichzäiteg gouf an deem Débat public do dee Moment gesot, et géif e Pilotprojet gemaach, eebe fir ze kucken, wéi ee kann Drénkwaasser offréieren am Horeca-Secteur.

Bon, duerno ass d'Pandemie komm. Ech géif et interessant fannen, wa mer an enger Kommissioun einfach eng Kéier géife kucken, wou deen Dossier do drun ass.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy. Dann hat d'Madamm Hartmann d'Wuert gefrot.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Jo, merci, Här President. Also, zum zweeten Deel vun dem Invite: Do ass et natierlech net méiglech op der Basis vun eiser Verfassung, fir eng Entreprise ze obligéieren, Waasser mat enger Karaff unzbidden, well mer domadder géint d'Liberté de commerce virgoe géifen. Mee well et dee Pilotprojet gëtt, ass et, mengen ech, duerchaus interessant fir ze kucken, wou mer do dru sinn. An dofir géif ech soen: Wa mer dat heiten ofänneren a soen „à sensibiliser les entreprises“, well mer se eeben net obligéiere kënnen, sollte mer an der Kommissioun effektiv doriwwer schwätzen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hartmann. An da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Also, ech sinn dermadder d'accord, datt mer an der Kommissioun doriwwer schwätzen. Da muss mer jo bal deen Objet

do ofänneren. Et ass just e bësse komesch: An eisen Nopeschlänner ronderëm eis, do gëtt et iwwerall am Horeca-Beräich Karaffen, déi ee kritt. Et brauch ee just ze froen. Hei kritt een emol keng, souguer wann ee wëllt bezuelen. Souguer wann ee seet: „Ech hätt gär Krunnewaasser, ech bezuelen et!“, kritt ee mol keent. Dat ass den Ënnerschied.

Déi aner Saach ass déi: Mir hunn haut nach, d'Madamm Hartmann war derbäi, mat enger Schoukläss geschwat, déi an enger Schoul sinn, an där d'Schüler selwer d'Schoul, d'Direktioun froen, fir e Spender dohin ze kréien, fir kënnen hir Fläschen opzefüllen, fir net musse Fläschen ze kafen am Plastik. Do seet d'Direktioun einfach Nee, si hätten aner Problemer, si géifen dat net maachen.

An dorëms geet et hei jo, datt wirklech déi Sensibiliséierung weidergedriwwen gëtt an datt och dee leschte Lycée hei am Land awer wirklech agesäit, datt et wichteg ass, senge Schüler kënnen esou e Spender dohinzustellen.

Ech ka mer net virstellen, datt dat d'Geld vun der Welt kascht. A wann d'Schüler et och froen, fannen ech dat scho bal e bësse komesch, datt d'Direktiounen dat dann net maachen.

Also, op alle Fall, ech sinn d'accord, datt mer se an d'Kommissioun weiderginn.

**Vote sur le renvoi de la motion 6 en commission**

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

An da muss d'Kommissioun sech domadder beschäftegen.

(La motion 6 est renvoyée à la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire.)

## 8. Ordre du jour

Et gëtt proposéiert, de Punkt 6 vum Ordre du jour virum Punkt 5 ze huelen, well de Minister éischter fort muss. Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

## 9. 7841 – Projet de loi concernant la gestion de la sécurité des infrastructures routières

Da komme mer elo zum Projet de loi 7841 iwwert d'Sécherheet vun de Stroosseninfrastrukturen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics**

**Mme Chantal Gary** (déi gréng), rapportrice | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, beim Projet de loi 7841 geet et ëm d'Gestioun vun der Sécherheet am Stroossebau an ëm d'Ëmsetzung vun neien europäeschen Dispositiounen an dësem Beräich.

Déi ursprénglech EU-Direktiv vun 2008, déi mer zu Lëtzebuerg mam Gesetz vum 27. Abrëll 2012 ëmgesat hunn, gouf virun dräi Joer vun der EU-Direktiv Nummer 2019/1936 geännert an ergänzt. De Projet de loi,

dee mir de Mëtten zur Ofstëmmung virleien hunn, setzt dës Ännerungen deemno a lëtzebuergesch Recht ëm.

An eisem nationale Kontext ass et, vun der Form hier, allerdéngs net just eng Modifikatioun vum besteeënde Gesetz vun 2012, mee d'Abrogatioun an de Remplacement vum ale Gesetzestext duerch de virleierende Projet.

Am Beräich vun der Verkéierssicherheit bestinn déi strateegesch Ziler vun der Europäescher Unioun doran, d'Ziel vun de Verkéiersdoudege bis 2020 am Verglach zu 2010 ze halbieren a bis 2050 op null ze setzen. Allerdéngs war de Progrès bei der Erreechung vun dësen Ziler net esou wéi erhofft, an dowéinst gouf schonns Mëtt 2017 en neit Zwëschenzill festgehalten, an zwar, datt d'Ziel vun de Schwéierverletzte bei Verkéiersaccidenter tëscht 2020 an 2030 soll halbéiert ginn. Et sinn also nach vill weider Efforten ze maachen a gefuerdert, fir dës Ziler dann och ze erreechen.

Wéi eng Ännerunge bréngt eis also déi nei EU-Direktiv?

Un éischter Stell steet de Geltungsberäich vun den neie Virschreften. De Champ d'application ass mat der neier Direktiv erweidert ginn, soudatt d'Direktiv eng Verbesserung um Niveau vun der Sécurité routière viséiert, an dat am kompletten transeuropäesche Verkéiersnetz, dem kompletten Autobunnssystem souwéi och op allen Haaptstroossen an der gesamter Europäescher Unioun, an dat onofhängeg dovun, ob dës Infrastruktur schonn a Betrib sinn, en construction oder eréischt an der Planungsphas.

Doriwwer eraus gëllt dës nei Direktiv och fir Stroossen a Stroosseninfrastrukturprojeten, déi net zu den elo just genannten Tronçone gehéieren, mee déi och ausserhalb vun den urbanen Zone leien a vun der EU finanziert oder deelfinanziert sinn, mat Ausnam vu Stroossen, déi net fir d'allgemeng Circulatioun vu motoriséierte Gefierer geduecht sinn, wéi zum Beispill Vëlosweeër oder Zoufaartstroosse fir Industrie- oder Landwirtschaftssitten. Weiderhi gëllt dës Direktiv och net fir Stroosentunnellen. Hei gëllt eng aner Direktiv.

Weider Innovationen, déi d'Direktiv 2019/1936 mat sech bréngt, betreffen d'Evaluationsprozedure vun der Sécherheet vum gesamte Stroossereseau, déi reegelméisseg Inspektiounen souwéi de Suivi vun de Prozeduren. Och changéiert d'Sécherheetsevaluatioun vum gesamte Stroossennetz vun enger reng statistescher Bewäertung zu enger Evaluatioun, déi de proaktive Volet an de statistesche Volet kombinéiert.

Do dernieft gëtt och eng grouss Opmierksamkeit op d'Stroosemarkéierungen an d'Stroosbeschëlderung geluecht, fir d'Liisibilitéit an d'Effikasitéit vun dësen ze erhéijen, an dat speziell och fir déi ëmmer méi wichteg elektronesch Fuerassistenzsystemer an eise Gefierer.

Ausserdeem – an dat ass dee leschte wichtige Punkt, deen ech erwäne wëll – verflucht dës Direktiv d'EU-Memberstaaten och, en nationale System en place ze setzen, wou d'Verkéiersusageren Deklaratiounen maache kënnen, fir op potenziell Gefore bei de Verkéiersinfrastrukturen opmierksam ze maachen.

De schrëftleche Rapport vum Projet de loi 7841 gouf den 21. Abrëll dëst Joer unanime an der Mobilitéitskommissioun ugeholl a proposéiert och der Pleniëre d'Adoptioun vun dësem Projet de loi.

An heimat ginn ech och den Accord vun der grénger Fraktioun an ech soen Iech villmools Merci fir d'No-lauchteren. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen der Madamm Rapportrice, der Madamm Chantal Gary, Merci fir de Rapport.

Ech ginn d'Wuert weider un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Aly Kaes.

### Discussion générale

**M. Aly Kaes** (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci der Madamm Chantal Gary fir d'Explikatiounen, fir de Rapport, sougutt dee mëndleche wéi dee schrëftlechen. Si huet quasi alles gesot. Ech erlabe mer awer, op zwou Saachen anzegoen.

Déi eng ass déi, datt et ganz wichteg ass, datt mer nach zousätzlech Efforte maachen, fir datt mer natierlech manner Verkéiersdoudeger a manner Schwéierblesséierter op der Strooss hunn.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg esou munches an deene leschte Jore gemaach. Eng Rei Saache kéinte mer awer nach zousätzlech ëmsetzen. Ech wëll net méi am Detail drop agoen, jidderee weess, wat ech speziell mengen. Et kéint een also ganz sécher nach zousätzlech Doudeger verhënneren, well deemno wat fir eng Stroossen ee firt, begéint ee ganz vill Blumen, Kräizer an aner Merkmalen, déi drop hiweisen, datt do op där Strooss en Doudege war. Wéi gesot, hei misste mer nach ganz vill maachen, fir dat kënnen ze verbesseren, net ouni awer déi Efforten ze ënnersträichen, déi scho gemaach gi sinn.

Dat Zweet, wat awer genausou wichteg ass, dat ass, datt effektiv soll e System en place gesat ginn, fir datt d'Bierger awer kënnen selwer bei dëser oder där Geleeënheet, wou se eppes feststellen, hir Meenung soen an hir Suggestiounen maachen, wéi een zum Beispill déi eng oder déi aner geféierlech Plaz op eise Stroosse ka verbesseren. Ech mengen, dat ass e ganz wichtige Schrëtt an déi richteg Richtung.

Dat gesot, soen ech nach eng Kéier der Rapportrice Merci a ginn d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kaes. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Max Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. Eist Zil, wat mer eis gesat hunn – keng Schwéierblesséierter a keng Doudeger méi op der Strooss – ass ganz ambitiéis. Dat ass eppes, wat mer absolutt ënnerstëtzen. An all d'Efforten, déi an d'Richtung gi vu méi Verkéierssicherheit op eise Stroossen, sinn natierlech nëmmen ze begrëissen, grad vläicht elo an enger Zäit, wou erm déi gutt Saison ufänkt fir d'Motorradsfuere, fir dobaussen ze fueren. Et ass natierlech grad do, wou och vill Accidenter sinn, oft och mat Doudegen. Et ass wichtig, dass mer hei eis Efforte maachen.

Dëst gesot, géif ech den Accord gi vun der Demokratescher Partei zu dësem Gesetz. An ech géif och der Rapportrice Merci soe fir hir zwee Rapporten, souwuel hire schrëftleche wéi hire mëndlechen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Villmools merci, Här Hahn. Da wier et un der honorabelen Madamm Cécile Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Merci och der Rapportrice. Ech wëilt an dësem Zusammenhang och un déi Interpellatioun erënneren, déi mer haten, d'lescht Joer, mengen ech, zum Thema „Vision Zéro“. Dat hei reit sech och e bëssen an déi Richtung an. Et geet ganz kloer drëm, d'Doudezsuelen an natierlech och iwwerhaapt d'Affer vun de Verkéiersaccidenter erfroze kréien. Mir brauchen do natierlech eng ganz gutt Infrastruktur, dat heescht, sécher Stroossen, déi net nëmmen Accidenter vermeiden, mee och Fuerfeeler kënnen verzeien.

An dann anerersäits musse mer eise Reseau kontrolléieren an och d'Kniet esou séier wéi méiglech identifizéieren. Mir brauchen eng stänneg Iwwersiicht an

Evaluatioun vun eisem Stroossennetz. An duerfir sinn ech och ganz beim Här Kaes, wann e seet, mir bräichten eng stänneg Iwwersiicht an och eng Evaluatioun, wou d'Mëssstänn op der Strooss iwwer e landeswäite System kënnen vu jiddwerengem gemellt an och agesi ginn.

Wichtig ass awer och, mengen ech, dass mer déi souzoe „vulnerabel“ Persounen an dëse Prozess materanhuelen, well grad wa Foussgänger an och Vëlofuere am neie Mobilitéitsplang 2035 dem Auto solle gläichgestallt ginn, ass et och néideg, hinnen déi selwecht Qualitéit an der Infrastruktur ze ginn. D'Stroosesignalatioun muss evident ginn. Dat gëllt net nëmme fir elo, mee och fir déi zukünftige automatiséiert Gefierer, déi zu all Moment mussen an der Lag sinn, d'Émfeld am Bléck ze hunn.

An alles dat, wat ech elo opgezielt hunn, ass e Bestandteil vun dësem Gesetzesentwurf, an alles dat wäert och der Verkéierssicherheit an der Strooseseicherheit zeguttkommen. All Doudegen op der Strooss ass een ze vill! An duerfir gëtt d'LSAP natierlech den Accord zu dësem Projet de loi. A wann heimadder Mënscheliwe gerett ginn, da musse mer a Betruucht zéien, dës nei Mesuren op dem ganze Stroossereseau auszebauen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hemmen. An de Mikro ass elo fräi fir den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, an dee ka sech, well wirklech alles gesot ass – an et ass en extreem wichtige Sujet! – dowéinst och drop beschränken, der Madamm Rapportrice villmools Merci ze soen an och d'Ënnerstëtzung vun der ADR ze bréngen. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An da wier et un där honorabelen Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Als Alleréischte emol der Rapportrice e grouse Merci fir den exzellente mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Mir wäerten dëse Projet de loi selbstverständlech matdroen, well alles, wat am Stroosseberäich gemaach gëtt, fir dës Beräich méi sécher ze maachen, och an eisem Interêt ass.

Mee souwisou hu mir net vill Choix, well et sech ëm eng europäesch Direktiv handelt, déi esou oder esou och hei zu Lëtzebuerg muss ëmgesat ginn. An dës Direktiv geet et drëm, den transeuropäesche Réseau de transport, den Autobunnssystem souwéi all d'Route-principallen an der ganzer EU esou ze sécheren, datt bis am Joer 2050 d'Stiewensrat op null geet. Dat gëtt an eisen Aen zwar ganz schwieereg bis bal onméiglech, mee soll awer d'Zil sinn.

D'Zil null Doudeger sollen d'Ponts et chaussées virun Aen hunn, soubal si eng nei Strooss plangen. Eiser Meenung no kann een all déi Aspekter zwar virun Aen hunn a se consideréieren, mee wat awer wirklech ganz kloer ass, dat ass, datt just déi Stroossen ouni Accidenter wäerte bleiwen, déi net gebaut ginn. An dofir hoffe mir natierlech, datt esou onnéideg Stroossebauprojekte wéi verschidde Contournementen einfach net gebaut ginn, virun allem virum Hannergrond vun enger Klimakris mat Klimaverännerung an Diversitéitsverloscht.

Déi bestoend Reseau sollen awer och gepréift ginn an alles gemaach ginn, fir dës ze verbesseren, se reegelméisseg ze kontrolléieren an an deem Sënn ze warten. De Marquage an d'Signalementer musse kloer an daillech sinn.



Mir begreissen och de System vun de fräiwëllegen Deklaratiounen, en Internetsite, wou d'Bierger hir Beobachtungen kënnen uginn iwwert déi geféierlech Plazen. Mee dëse Projet de loi gëtt eis awer och d'Geleeënheet, zwou Motiounen eranzeginn am Kader vun der Sécherheet, awer och vun der Energiekris an der Klimakris.

Här President, hei ass emol déi éischt.

### Motion 1

*La Chambre des Députés, considérant*

– qu'une baisse générale des limitations de vitesse est de nature à améliorer considérablement la sécurité routière et à participer ainsi à atteindre les objectifs nationaux dans ce domaine ;

– qu'une baisse générale des limitations de vitesse est de nature à permettre des économies en matière de consommation en énergie, alors que l'efficacité et la sobriété énergétique constituent une des priorités dans le cadre de la lutte contre le changement climatique ;

– qu'une baisse générale des limitations de vitesse est de nature à améliorer la qualité de l'air et à diminuer les nuisances sonores au profit d'une meilleure qualité de vie pour les habitantes et habitants ;

– les nombreux exemples de baisses de limitations de vitesse dans d'autres pays européens et notamment le rapport final d'évaluation très positif de la limitation de vitesse à 80 km/h sur les routes hors agglomération en France,

invite le Gouvernement

– à mettre en œuvre une diminution générale de la limitation de vitesse de 50 km/h à 30 km/h à l'intérieur des agglomérations (sauf signalisation contraire), de 90 km/h à < 80 km/h à l'extérieur des agglomérations (sauf signalisation contraire) et de 130 km/h à < 110 km/h sur les autoroutes.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen, Président | Eemol.**

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, hei ass eng Motioun, an där mir fuerderen, endlech flächendeckend d'Zon 30 an den Uertschaften a Stied anzeféieren, esou wéi dat scho säit Längerem a Stied wéi Paräis a Bréissel de Fall ass, an awer och a Länner wéi Spuenien.

Op den iwwergeuerdende Staatsstroosse fuerdere mir, vun 90 km/h op 80 km/h erofzuegen, esou wéi dat scho méi laang a Frankräich de Fall ass. An op der Autobunn wäre mir frou, wann d'Vitesslimit op 110 km/h erofgesat géif ginn.

Mir kéinten eis natierlech och méi eng streng Vitesslimit virstellen, wann dat hei an der Chamber gewënscht wär. Mir sténgen deem net am Wee. Dës Mesurë géifen net nëmmen d'Stroosse méi sécher maachen – well Dir wësst jo, manner Vitess ass gläich manner grouse Bremswee –, mee et géifen och manner CO<sub>2</sub>-Emissiounen ausgestouss ginn a manner Spritt verbrannt ginn. An doniewent géif d'Liewensqualität an den Uertschaften, awer net nëmmen do, och eropgoen a si wäre méi liewenswäert fir d'Kanner an all déi Leit, déi do wunnen.

Här President, dann hei nach eng zweet Motioun, well et esou schéin ass.

### Motion 2

*La Chambre des Députés, considérant*

– les tensions actuelles sur les marchés des hydrocarbures dues essentiellement à la guerre en Ukraine, suscitant des hausses des prix et des perspectives de pénurie ;

– la nécessité de réduire rapidement les gaz à effet de serre pour combattre le changement climatique ;

– que l'introduction d'un ou de plusieurs « dimanches sans voitures » entraîne inéluctablement une baisse de la consommation en hydrocarbures au niveau national ;

– que le Luxembourg a connu des « dimanches sans voitures » dans le passé et notamment en 1956 et en 1973 ;

– que des « dimanches sans voitures » peuvent être l'occasion de mettre en place des initiatives de promotion des transports en public et de la mobilité douce ou encore des initiatives culturelles ou touristiques en milieu urbain ;

– que des exceptions peuvent être mis en place pour les trajets essentiels et les urgences, tels qu'évidemment les services de secours ou encore les trajets professionnels inévitables et les urgences personnelles,

invite le Gouvernement

– à prévoir la mise en place de plusieurs « dimanches sans voitures » durant le printemps et l'été 2022 exceptés les trajets d'urgence et les trajets essentiels ;

– de procéder à une large évaluation de cette initiative qui prend en compte tous les aspects sociétaux et de décider sur base de cette évaluation si de tels initiatives méritent d'être répétés à l'avenir.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Hei dann eng zweet Motioun fir e puer autofräi Sonndeger. Déi ënner Iech, déi schonn e puer Joer um Bockel hunn, kënnen sech bestëmmt nach un déi Zäiten erënneren, wou mir sonndes mat der Famill trëppele gaange sinn, esou wéi dat och elo am Confinement vill de Fall war.

(Interruption)

Natierlech misst dës Mesure esou ausgeluecht ginn, datt déi Leit, déi schaffe ginn, awer dohinnerkommen, respektiv den ëffentlechen Transport soll an där Zäit och ausgebaut ginn, soudatt et och sonndes méiglech ass, enzwousch hinzekommen, ouni stonnelaang mussen ze waarden.

Dës Mesure géif och méi Sécherheet op der Strooss versprochen, manner CO<sub>2</sub>-Emissiounen, manner Sprittverbrauch an et géif een an engems eppes fir seng eege Gesondheet maachen.

Domadder kéinten awer och flott Initiative verbonne ginn, wéi zum Beispill Vëlos- oder Trëppeltouren, kulturell Fester oder Sportsveranstaltungen op de Stroossen, an de Stied an an den Dierfer.

Dir héiert, et sinn der Kreativitéit keng Grenze gesat. Natierlech soll dës Mesure och evaluéiert ginn an doropshin decidéiert ginn, ob se weidergefuert soll ginn.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti.** An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. A merci dem Chantal Gary. Wat eis besonnesch gutt gefält an deem ganze Projet, ass dat autonomt Fueren an d'Assistenzsystemer. Dat war jo och, wéi mer nach deemools am Cercel driwwer geschwat hunn, ee vun eise grouse Kritikpunkten, dass dat hei zu Lëtzebuerg nach net iwwerall esou fonctionéiert, wéi et soll, an dass déi Autosystemer dat leider nach net richteg verschafft kréien, well d'Schëlde oder d'Markierungen net richteg sinn. Dass mer elo endlech op dee Wee ginn, well dat eeben e Sécherheetsplus ass. A wa mer 2050 iergendeng Kéier dohinnerkommen, dass mer

keng Doudeger méi hunn, ass dat sécherlech och duerch d'autonomt Fueren, wou dat méiglech ass.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen.**

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier a Mobilitéitsminister, den Här François Bausch.

### Prise de position du Gouvernement

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, merci, éischstens, der Rapportrice fir hire gudd schrëftlechen a mündleche Rapport a selbstverständlech och der Chamber fir déi ganz breet Zoustëmmung, déi dat Gesetz hei kritt. Duerfir brauch ech dozou elo net méi vill ze soen.

Ech wollt dann, wann Der erlaabt, eppes zu deenen zwou Motiounen soen, déi d'Madamm Cecchetti elo just presentéiert an och deposéiert huet.

Déi éischt betrëfft jo Vitessreduktiounen. Dir kennt meng Meenung dozou, ech hu se schonn oft och dobausse gesot, och a Pressekonferenzen an och hei an der Chamber. Natierlech soll d'Stroossekongfiguration an d'Vitess, déi dorobber festgeluecht gëtt, esou sinn, datt d'Vitess kann agehale ginn. Dat heescht, dat eent muss bei dat anert passen.

Ech hu scho méi wéi eng Kéier gesot, et mécht kee Sënn, einfach en Dëppche Faarf ze huelen an op iergendeng Strooss ze goen an ze soen: „Elo schreiw mer einfach hei 30 dorobber!“ an dann ze mengen, datt dann all Mënsch och géif 30 fuere respektiv datt dat ze kontrolléiere wär.

Wann d'Stroossekongfiguration net esou gemaach ass, datt dann och 30 wierklech kann oder soll hei gefuer ginn, datt dat realistesch ass par rapport zu deem, deen am Auto sëtzt a fiert, da bréngt et net schrecklech vill. Da bewierken ech just de Contraire. Da bewierken ech falsch Sécherheeten. Ech bréngen dann d'Foussgänger an aner Teilneemer a Gefor, well déi jo dervunneer ausginn: „Hei ass eng 30er-Zon, an et hält natierlech och jiddweree sech drun. Oder et misst jiddweree sech drun halen.“ Mee dat ass keng gutt Ausgangspositioun. An dofir bleiwen ech bei menger Meenung, datt een d'Stroossevitesse soll gestalten a Fonctioun vun der Situatioun, wou ee grad ass.

Et gëtt jo eng Rei allgemeng Reegelen, déi mer hunn. Et gëtt och Reegelen, wéi ee kann Zon 20 aféieren, wéi ee kann Zon 30 aféieren. Et ass allgemeng dem Mënsch schonn haut fräigestallt, inklusiv op Staatsstroossen, Zon 30 an 20 ze maachen. Dat Eenzezt, wat ech gären hätt, dat ass, datt da verschidde Konfigurationen och hiergestallt ginn, dat heescht, datt d'Strooss esou gebaut gëtt oder ëmgebaut gëtt, datt dat herno och wierklech realistesch ass. Et huet kee Wäert, datt mer de Leit eppes virtäuschen. Dat bréngt eis näischt.

Dat nammlechst ass d'Fro: Haut ass et 90 op de Landstroossen; fir elo symbolesch ze soen, mir géingen op 80 erof, do kann ech Iech soen – effektiv huet just Frankräich et gemaach bis elo –, do ass et awer ganz gemëscht, wat do vu Resultater bis elo erauskomm sinn a Frankräich. An och do bleiwen ech bei där nammlecher Meenung: Et gëtt Stroossen, wou ech der Iwwerzeegung sinn, datt dat net Zon 80 ass, mee 70, vläicht souguer 50, jee nodeem, wéi d'Konfiguration ass. Mee da soll een dat kucken. An da soll een natierlech de Courage hunn an do, wou gewësse Geforepunkte sinn, wou zum Beispill Leit wunnen a wou een der Meenung ass, dass ee weinst der Liewensqualität vun de Leit dann op deene Stroosse punktuell ënner 90 erofgeet, op 80 oder – 80 ass zu Lëtzebuerg elo net esou Tradition – zum Beispill op 70. Dat ass kee Problem! Dat gëtt och ëmmer méi gemaach. An ech muss

och soen, ech hunn ëmmer méi Gemengen, déi Demandé bei mir erarechen, fir op déi Weeër ze goen. An dat gëtt an der Reegel och ganz proaktiv a positiv vu menge Leit am Ministère betruucht.

Duerfir géif ech der Chamber recommandéieren, déi Motioun einfach ofzeleenen, well dat näischt bréngt, esou global, pauschal Approchen ze wíelen.

A bei där zweeter Motioun, do geet et jo drëms ...

Elo hunn ech de Fueдем verluer. Madamm Cecchetti, déi zwee Motioun, Dir hat se ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Autofräi Sonndeger.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | A jo, pardon, jo, autofräi Sonndeger. Och dat si symbolesch Aktiounen. Mir maachen där jo och. Mir maachen e Vëlossummer, wou mer verschidde Stroosseraim ganz kloer fir den Auto späre während enger Rei Wochen oder während engem Weekend. An da kënne do déi Aktivitéite stattfannen, wou d'Madamm Cecchetti och dervu geschwat huet.

Mee elo generell einfach esou autofräi Sonndeger ze decidéieren, och dat bréngt net schrecklech vill, well dat just reng symbolesch Aktiounen sinn an och dobausse vun de Leit, mengen ech, net ganz gutt verstande gëtt.

Ech si souwisou kee Frënd – dat wësst Der – vun deene moraleschen Appeller. Ech fannen, wat richtig ass, dat ass, dass mir sollen den ëffentlechen Transport an d'Stroossekonfiguratioun alles esou bauen, datt mer eng aner Mobilitéit kréien an datt d'Leit dat och mat Loscht a mat Freed maachen, sech anescht mobill verhalen. Ech halen awer näischt dervunner, fir vu moies bis owes mam moraleschen Zeigefinger do ze stoen an ze maachen, wéi wa jiddweree misst e schlecht Gewëssen hunn, wann en iergendwann eng Kéier den Auto hält.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7841. Den Text steet am Document ... O, d'Madamm Oberweis freet nach d'Wuert, oder d'Madamm Cecchetti.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Wann ech dierf, just zwee Wieder. Et ass u sech net mäin Dossier, mee wann den Här Bausch hei seet, dass et géif, dass – wéi waren d'Wieder? –, dass et eng falsch Sécherheet wier, wann ee mat der Faarf eng aner Zuel op de Buedem schreift ... Also, ganz éierlech, ech fannen dat eng Frechheet par rapport zu deene Leit, déi hir Kanner verluer hunn oder aner Leit verluer hunn!

(Brouhaha)

Nee, sorry. Mir hunn hei net vun enger Faarf geschwat, mat där ee 50 oder 30 dohinnerschreift. Et geet konkret drëms, d'Vitess ze limitéieren vu 50 op 30, vun 90 op 80 oder op 70, net vu Faarf an usträichen. Ze soen, dat wäre falsch Sécherheeten, fannen ech eng Frechheet par rapport zu deene Leit, déi Leit verluer hunn, Familljemembere verluer hunn an Autosaccidenter op der Strooss.

Et ass gewosst aus dem Ausland, dass d'Vitesslimitatioun vu 50 op 30 zum Beispill Accidenter, Doudeger a Blesséierter erofsetzt. Et gëtt Zuelen an Etüden dozou. An ech si mer sécher, dass Dir et wësst.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. Ech ginn d'Wuert direkt un den Här Mobilitéitsminister zréck.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, ech muss Iech soen, ech si villes gewinnt, mee dat, wat d'Madamm Oberweis elo hei gemaach huet, dat fannen ech wierklech eng Frechheet, muss ech éierlech soen. Fir hei mir esou d'Wieder an de Mond ze leeën, wéi wann ech gesot hätt, Vitessreduktiounen géifen näischt bréngen an ech géif hei de Geck maache mat Leit, déi e Liewe verluer hunn op der Strooss. Dat ass inadmissibel!

Ech kann Iech soen, ech setze mech zënter Laangem a fir Vitessreduktiounen. An ech war laang an der Gemeng, do hat ech Responsabilitéiten. Ech hu quasi an der ganzer Stad Lëtzebuerg, an deene meeschte Quartieren, flächendeckend Zon 30 agefouert. An ech hunn dat gemaach op eng Aart a Weis, datt et herno awer och agehale gëtt. An et ass dat, wat ech hei gesot hunn. Ech wëll net hunn, datt ech Vitessreduktiounen hei einfach decidéieren an da soen, datt ech elo eppes gemaach hunn, well ech einfach gesot hunn, datt ech vun 90 op 70 oder vu 70 op 30 erofgaang sinn. Ech wëll, datt et herno dann och fonctionéiert an datt donc déi Sécherheet, déi ech effektiv wëll schafen duerch Vitessreduktiounen, och herno an der Praxis fonctionéiert. Dat hunn ech hei gesot.

An ech akzeptéieren net esou eng Aart a Weis wéi dat do fir virzegoen. Et deet mer leed, Madamm Oberweis, ech hat, an ech hunn,,, vun all Deputéierten eng ganz respektabel Meinung, an ech géif Iech bieten, och par rapport zu engem Minister eng respektabel Meinung ze hunn a keng esou Ennerstellung wéi dat do ze maachen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Dann nach eng Kéier Parole après ministre fir d'Madamm Oberweis.

**Plusieurs voix** | O!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Ech hunn Iech gutt nogelauschert a mer d'Wieder opgeschriwwen. (Interruption)

Dach, wierklech, ech menge schonn, wann Dir esou eng Motioun, déi konstruktiv gemengt ass, déi positiv gemengt ass, mat esou Wieder erofmaacht ...

(Brouhaha)

Ech si ganz rassuréiert ze wëssen ...

(Brouhaha)

Jo, pardon! Ech sinn immens rassuréiert ze wëssen, dass Der dat net gemengt hutt. Ech soe jo, ech hunn Iech et gegleeft. Duerfir verstinn ech net dee Besoin, fir dat esou duerstellen.

Ech menge ganz éierlech, dass dat déi Oppositionslogik hei ass. Dir musst ëmmer déi Motiounen aus der Opposition erofmaachen a fäerdegmaachen. Dohier kënnt dee Besoin, Saachen, déi u sech gutt gemengt sinn, futti ze maachen, obwuel Der u sech dat net esou mengt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech ginn d'Wuert kuerz zréck un den Här Bausch.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Nach eng Kéier ganz kuerz. Ech wëll der Madamm Oberweis just soen: All Deputéierten huet selbstverständlech d'Recht, all Meinung hei ze vertrieeden an och all Motioun ze deposéieren! Mee et ass och mäi Recht, net d'accord ze si mat enger Motioun. A wann ech der Chamber géif proposéieren, Är Motioun net unzehuelen, ass dat, well ech vum Fong hier, wéi Dir et proposéiert, net averstane sinn. An dat ass och dat, wat ech hei zum Beschte ginn hunn, méi net.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos.

An ech mengen, mir kënne elo zum Vott iwwert de Projet de loi 7841 kommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7841 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. An da komme mer elo zum Vot par procuration. De Vot ass ofgeschloss.

An de Projet de loi 7841 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeho.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Claude Wiseler), Léon Gloden (par Mme Martine Hansen), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Marc Spautz), Mme Octavie Modert (par M. Jean-Paul Schaaf), M. Laurent Mosar (par M. Max Hengel), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Dan Biancalana), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydia Mutsch), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

**Motions**

Ech mengen, da kënne mer elo nach zum Vot vun de Motiounen kommen.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, wou et drëm geet, d'Vitess erofzesetzen. Do freet den Här Sven Clement d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech ginn dem Minister Bausch net ëmmer Recht, mee an deem heite Fall huet en awer eppes ganz Richteges gesot. Wa mer wëllen 30er-Zonen an de Stied hunn, da mussen mer och an de Stied – an do sinn all d'Gemegepappen a -mamme gefuerdert – d'Stroossen esou amenagéieren, datt d'Leit 30 fueren, ...

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... well d'Strooss sech esou uffilt. Wa mir an den Uertschaften Autobunnen hunn, véiersproocheg Stroossen, déi poulriicht sinn, da mussen mer eis net wonneren, wann d'Leit, egal wat mer fir Schëlder oprichten, egal, wéi vill Vitesskontrolle mer do maachen, ze séier wäerte fueren. Da mussen mer eis net wonneren, wann do Leit leie bleiwen.



Wa mer also eppes wëlle maachen, fir d'Vitess an den Dierfer ze reduzéieren, da muss mer déi baulech Moossnamen huelen, déi sech imposéieren. Dat ass dat eent. An ech mengen, dat war d'Ausso, déi de Minister gemaach huet, net méi, net manner.

Zu der Vitess 80 versus 90, 110 versus 130, muss ech ganz éierlech soen: Jo, sécher manner CO<sub>2</sub>, sécherlech méi e kuerze Bremswee, dat ass Physik. Ech mengen, datt déi meescht Leit, déi hei zu Lëtzebuerg Auto fueren – an déi meescht vun eis gehéieren dach ab und zu och dozou –, seelen iwwerhaupt déi Maximalvitessen op de Stroossen, grad zur Rushhour, kënne fueren, well mer am Stau sinn. A wa mer wëllen eppes géint den CO<sub>2</sub> maachen, da misste mer als Éischt emol domadder ufänken, d'Stauen ze reduzéieren, well ech mengen, datt dat e vill méi groussen Impakt huet wéi d'Vitess.

Dat gesot, mengen ech, muss hei déi lénk Partei net probéieren, déi gréng bei de Vitesslimitatiounen riets ze iwwerhuelen. Dat wäert hinne warscheinlech ni geléngen. A mir wäerten déi Motioun och net matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Dann huet den Här Kaes d'Wuert gefrot.

**M. Aly Kaes** (CSV) | Jo, merci, Här President, fir d'Wuert. Jo, einfach Vitessreduzéierungen ze froen, dat ass responsabel, jo. Wat een d'Vitess méi erofsetzt, wat ganz sécher d'Gefor a bestëmmte Situatiounen reduzéiert gëtt. Kloer ass awer, datt een ëmmer erëm d'Vitess muss upassen, jiddeeren Eenzelen, un déi Situatioun, an där ee sech befënnt. Ech denken do zum Beispill u schlecht Wieder, u Reen, un Niwwel an esou weider. Et ass also ganz schwéier fir ze soen: Wann een d'Vitess reduzéiert, dann huet ee kee Problem méi!

Nee, ech mengen, mir mussen alles maachen, fir datt déi eenzel Benotzer vun der Strooss a sech responsabel sinn a gesinn, ob op enger Landstrooss, och wann 90 do steet, eventuell 80 besser wier. Dat ass konstruktiv, datt ass am Sënn vun der Saach. An ech mengen net, datt een et besser mécht doduerch, datt een ëmmer nëmme Verbuetschëlde opstellt. Mee neen, et muss een och, mengen ech, deem, deen d'Strooss benotzt, vertrauen, datt en déi Strooss responsabel benotzt. An duerfir mengen ech, datt et net richteg wier, wa mer hei allgemeng eng Reduzéierung vun der Vitess géife maachen. An duerfir stëmmt meng Fraktioun dëst net mat. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kaes. An dann ass et um Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, villmools merci. Ech wëilt och ufänken, deene Lénke Merci dofir ze soen, déi zwee Sujeten hei unzeschwätzen. Ech verstinn déi moralesch Iwwerleeungen do derhannert an ech respektéieren dat och selbstverständlech.

Ech verstinn och deem Här Minister Bausch seng pragmatesch Approche, wann en doriwwer schwätzt. Ech muss soen, et schéngt eis och logesch, datt ee kuckt, wou et eeben e Sécherheetsbesoin gëtt, e besonnesche Sécherheetsbesoin, an datt een dann och do higeet an d'Vitesslimitatioun als eng Méiglechkeet ugesäit, niewent aneren, fir déi Sécherheet dann ze erhéijen. Also, eng pragmatesch a flexibel Approche ass sécherlech net schlecht. Eng allgemeng Limitatioun ass méi ideologesche Grënn, datt ass e Wee, dee mir net géife goen. Mee wat eis interesséiert, ass selbstverständlech de Schutz vum Liewen an d'Sécherheet vun de Leit.

Ech wëll awer vläicht zwou Observatiounen maachen, wat déi zwou Motiounen ugeet, well se eise Bléck op

aner Saache riichten. A mir mussen do e bëssen an d'Zukunft kucken.

Déi éischt Motioun betrëfft jo d'Vitesslimitatiounen. A mir wësse jo, datt mer hei verschidde Parteien hunn, déi elo zum Beispill e Kuelendioxidbudget op de Kapp rechnen. Mir hunn dat gefrot gehat, ech menge bei Iech, Här Minister Turmes, viru Kuerzem. Dir hutt eis gesot, datt am Abléck e Lëtzeburger, oder e Bewunner vun eise Land, egal wéi d'Nationalitéit ass, eng 13,1 Tonnen Equivalent Kuelendioxid pro Joer op de Kapp verbraucht. Ech mengen, dat waren Tonne pro Joer, dat war déi Zuel, déi Dir eis genannt hutt. A verschidde Parteien wëllen dat elo op 8 an d'Regierung op 6 erofsetzen à moyen terme.

Gutt, da muss mer eis froen: Wéi wëlle se dat da maachen? An ass d'Beschränkung vum Individualverkéier net awer dat, wat iergendwéini kënnt? Och Vitessbeschränkungen, Aschränkungen vun der perséinlecher Mobilitéit, vun der individueller Mobilitéit, domadder Fräiheetsaschränkungen. Also ech mengen, datt dee Sujet, deen hei ugeschwat ginn ass, eng reell Perspektiv huet, awer am Hëllef op een anere Kontext, nämlech an deem Versuch vu Verschiddenen, eis komplett Liewensweis ëmzestellen duerch deen Drock iwwer e perséinleche Kuelendioxidbudget.

Déi zweet Motioun, déi riicht eise Bléck och op eng ganz aktuell Situatioun. Ech hunn och nach déi Erënnungen un déi autofräi Sonndeger. Ech sinn al genuch, fir dat nach erlieft ze hunn. Dat war natierlech fir eis deen Abléck ganz flott. Ech mengen, datt ass an der Rei, mee de Kontext war guer net flott.

Mir haten eng Pétrolskris, mir haten eng enorm ekonomesch Kris an dat huet dat eeben do provoziert. An haut komme mer an eng änlech Situatioun duerch déi Sanktiounsspiral. Mir wäerten an deenen nächsten Deeg a Wochen nach doriwwer schwätzen, well déi Sanktiounen a Géigesanktiounen, déi mer am Abléck hunn duerch de Konflikt an Europa an déi ëmmer nach augmentéiert gi mat Saachen, féieren natierlech och zu där Méiglechkeet, datt mer mussen rationéieren.

Dir wësst, d'Regierung, den Här Turmes hat eis dat och gesot, datt d'Rationéierung vu Brennstoff, vu Bensinn, vun Diesel eng Méiglechkeet ass, déi d'Regierung sech virbehält, wann eeben déi Sanktiounsspiral eis an eng Situatioun féiert, wou mer mussen de Verkéier limitéieren, fir iwwerhaupt nach genuch Ressourcen ze hunn.

Dat ass elo keen utopeschen Szenario, deen Dir hei entwéckelt, mee et ass eng reell Perspektiv. Et ass ee vun deene Grënn, firwat d'ADR déi Sanktiounen hannerfreet: Wëlle mer dat? Wéi wäit gi mer, emol vum geopolitische Kontext ofgesinn, mee en Vue op d'Konsequenzen op eis Ekonomie, d'Konsequenzen op eis Méiglechkeeten hei am Land? An dat muss een alles diskutéieren.

Ech si frou, datt den Här Wiseler haut eng Motioun hei deposéiert huet. Ech hat geduecht, mir géifen doriwwer de 17. Mee schwätzen. En huet haut eng Motioun deposéiert, fir iwwert de Kontext Ukrain ze schwätzen. Muer de Moien, mengen ech, wäerte mer doriwwer ofstëmmen. An et ass einfach wichteg, datt mer eis op eng global Manéier mat Sanktiounen, Géigesanktiounen an ekonomesche Konsequenzen ausersetzen. An déi Perspektiv, déi d'Madamm Cecchetti eis hei recommandéiert huet, dat riskéiert Realitéit ze ginn, awer aus anere Grënn wéi déi, un déi Dir vläicht geduecht hat.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Da freet nach d'Madamm Cecchetti d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, also ech muss awer elo e puer Saachen heizou soen. Éischstens sinn ech e bëssen erfieret iwwert d'Envergure vun der Diskussioun, wéi déi sech elo hei gedréint huet.

Déi éischt Saach ass emol déi, do wëll ech emol direkt drop äntweren: Mir, déi Lénk, mussen déi gréng net riets iwwerhuelen. Wa mir eng Motioun hei eraginn a wann dat vläicht vun der ganzer Chamber emol verstane gëtt, firwat mir se eraginn: Mir ginn déi Motiounen net hei eran, fir d'Regierungsparteien ze blaméieren oder hinnen eng op de Bak ze ginn oder besserwieseresch ze sinn. Mir maachen dat net. Mir maachen dat, well mer wierklech u verschidde Saachen gleewen an einfach wëlle Verbesserungsvirschléier eraginn.

*(Mme Djuna Bernard prend la présidence.)*

Et geet hei net ëm méi an net ëm manner. Deen heite Virschlag mat där Motioun, mat den 30, 80 an 110, hu mir wierklech eraginn an deem But, well mir jo och wëssen, datt dat an Nopeschlänner do scho laang leeft, an do diskutéiert keen driwwer.

Wéi ech kleng war, ass nach 60 a méi an den Dierfer gefuer ginn. Do war e Skandal, wéi dat sollt op 50 gesat ginn, an duerno war e Skandal, wéi verschidde Stroossen op 30 gesat gi sinn. An dann ass e Skandal, wann a verschiddene Stroossen 20 gefuer gëtt, well dat da Spillstroossen oder Shared-Space-Stroosse sinn. Dat Ganzt brauch eng Zäit, a wann dat net diskutéiert gëtt an ëmmer erëm op den Ordre du jour kënnt, kënne mer eis ni domadder ufrënnen.

Déi aner Saach ass déi, wa mer da soen: „Et geet net duer, e Schëld dohinner ze stellen.“ Ech si ganz d'accord domat, mee dat heite seet dat jo och net! Dat hei seet: „mettre en œuvre une diminution générale.“ Wéi een déi en œuvre setzt, datt ass jo awer elo net eis Aarbecht, fir dat an d'Motioun ze schreiwen. Da muss een als Ministère awer och higoen – d'Gemenge sinn hei genannt ginn – an de Gemengen awer och ënnert d'Äerm gräifen an och vläicht méi séier déi Projeten ëmsetzen, déi d'Gemengen hu bei Schoulen, fir Zon 30 ze maachen, wou se jorelaang op d'Geneemung waarde vun de Ponts et chaussées, wou se jorelaang higehele ginn a wou d'Gemengen och nach mussen de Gros dovunner bezuelen.

Ech mengen, wann ee wëll esou eng Transitioun hunn als Staat, da muss een awer och de Gemengen do finanziell ënnert d'Äerm gräifen, notament och bei de Vélosweeër an den Uertschaften.

80 km/h, huet de Minister elo gesot, dat wier och falsch, dat géif näischt bréngen. Ech war elo dohin, ech hunn him hei e Graphique gewisen, wou dat a Frankräich gekuckt ginn ass. Et ass gekuckt gi virduer, ier et 80 km/h war, an et ass gekuckt ginn duerno, wéi vill Doudeger an Accidenter op der Strooss waren. An dat ass erfogaangen. Et ass bewisen, et geet erof. An dat ass kee bidons Site. Et ass e Site vum Ministère de l'Intérieur a Frankräich. Dat heescht, dat ass kee bidons Site. Ech ginn dat weisen, an da kréien ech esou gesot: „Wat wëll dat do dann heeschen?“ Ech mengen, dat sinn Zuelen, déi léie jo awer net! An 110 op eisen Autobunne kéint och direkt sinn.

*(Interruption par la présidence)*

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Dat misst net onbedéngt sinn, datt dat 130 ass. Ech mengen, hei ass näischt, wat een net kéint maachen.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Madamm Cecchetti. Wa soss keng Wuertmeldunge méi sinn, da komme mer elo zum Vott vun der éischter Motioun.

## Vote sur la motion 1

De Vott ass op. Mir kommen elo zu de Procuratiounen ... Ass et net gaang?

**Plusieurs voix** | Neel!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Ok.

(Brouhaha général)

Ech maachen de Vott op.

(Hilarité)

Jo, jo, ech hunn et verstan. A, voilà!

(Hilarité)

Da kënt Der elo ofstëmmen. D'Procuratiounen. Et ass déi éischte Kéier, dass ech dann e Vott hei presi-  
diéieren. Dir gesitt, dat fonctionéiert ganz gutt bis elo.

(Hilarité)

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Elo nach richtig zielen.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Genau, elo muss ech nach richtig zielen. Merci, Madamm Adehm, dat wäert ech nach hikréien.

D'Motioun ass ofgeleent mat 56 Nee-Stëmmen, 3 Jo-Stëmmen a kenger Abstentioun.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 2 voix pour et 58 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Marc Lies), Paul Galles (par M. Claude Wiseler), Léon Gloden (par Mme Martine Hansen), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar (par Mme Diane Adehm), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. Gilles Baum), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Dan Biancalana), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydia Mutsch), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

## Motion 2

An da komme mer elo zur zweeter Motioun.

Wie wëllt sech dozou zu Wuert mellen? Déi ass schonn? A, ok.

## Vote sur la motion 2

Da komme mer och hei zum Vott. An dann zu de Procuratiounen.

An dës Motioun ass mat 57 Nee-Stëmmen zu 52 Jo-Stëmmen bei kenger Abstentioun och ofgeleent ginn.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Si mer zu 109?

(Hilarité)

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Hunn ech dat da falsch gelies?

(Brouhaha)

52 Nee-Stëmmen, bon, ech gesinn et elo net méi viru-  
mer. 57 Nee-Stëmmen an 2 Jo-Stëmmen, entschël-  
legt.

*Résultat définitif après redressement : la motion 2 est reje-  
tée par 2 voix pour et 58 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Marc Lies), Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Octavie Modert (par Mme Martine Hansen), M. Laurent Mosar (par Mme Diane Adehm), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. Gilles Baum), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Dan Biancalana), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydia Mutsch), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

(Hilarité)

Et war e laangen Dag bis elo.

## 10. 7868 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 décembre 2020 relative au climat

Sou, an da komme mer elo zum nächste Projet de loi 7841 concernant la gestion de la sécurité ..., a nee, dat ass net deen, entschëllegt.

(Hilarité)

**Une voix** | Den Här President huet Iech schéin uge-  
schmiert, hein?

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Voilà, hei hu mer en, entschëllegt. Ech muss hei Uerdnung an den Dossier kréien, deen ech kritt hunn.

Mir kommen elo zum nächste Projet de loi um Ordre du jour, de Projet de loi 7868, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Klima. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno och follgendermoossen opgedeelt.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

## Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Villmools merci, Madamm Presidentin. Mam Klimaschutzgesetz vum 15. Dezember 2021 (veuillez lire: 2020) huet Lëtzebuerg de gesetzleche Kader fir Klimaschutz um Wee an d'Klimaneutralitéit geschaf. Haut wëssen nach méi Leit wéi deemools, wéi wichteg dee Kader fir d'Lëtzebuurger Klimapolitik ass, dee Reduktionsziler fixéiert, déi néideg Instrumenter schafft an déi verschidde Secteure verantwortliséiert, fir Klimaschutz ze maachen, awer och fir méi onofhängeg vun de fossillen Energien ze ginn.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Just de Rapporteur huet d'Wuert, wannechgelift. Merci.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | De Gesetzesprojet 7868 modifizéiert d'Klimaschutzgesetz op e puer klengen technesche Punkten, nodeems d'Europäesch Kommissioun e puer kleng Remarque formuléiert huet par rapport zur Transpositioun vun der Direktiv 2018/410 vum 14. Mäerz 2018 iwwert d'Ännerung vun der Direktiv 2003/87/EG zur Ennerstëtzung vu käschteneffizienten Emissiounsreduktiounen a Förderung vun Investitiounen mat weineg CO<sub>2</sub>-Ausstouss.

Dës Direktiv huet notament verschidden Ännerungen am europäeschen Emissiounshandel, méi prezis der Phas 4, gemaach, em déi et bei dësem Gesetzesprojet och geet.

D'Europäesch Kommissioun huet ons Transpositioun gekuckt an ons op e puer Punkten opmierksam gemaach:

D'Gesetz misst prezisiéieren, dass e Fënnfjoreszyklus gëllt bei der Kommunikatioun un d'Kommissioun vun der nationaler Lëscht vun den Installatiounen, déi ënner den Emissiounshandel falen. Dëst passe mir un an integréieren och nach déi aner Elementer aus dem Artikel 1 Paragraph 17 vun der Direktiv, wou prezisiéiert gëtt, wat an der Lëscht muss drastoen. Ech ginn duerno beim Avis vum Staatsrot am Detail dodrop an.

D'Kommissioun huet awer och bemierkt, dass mir an onsem Artikel 32 virgesinn haten, dass Emissiounskreditter, déi et ënnert dem Kyoto-Protokoll gouf, kënnen ugerechent ginn. Dat ass awer net méi de Fall an der Phas 4 vum Emissiounshandel. Dësen Artikel gëtt mam Gesetzesprojet abrogéiert.

Et gëtt dann awer och dervu profitéiert, fir e puer kleng Erreur-matériellen ze verbesseren. En Datum am Gesetz war falsch, nämlech dass de Reglement d'sektorieell Ziler bis Enn 2030 festleet an net bis Enn 2029. An da gëtt och nach d'Numerotatioun an der Annex korrigéiert.

A sengem Avis vum 22. Februar 2022 gëtt de Staatsrot säin Accord zum Text, ma constatéiert awer, dass de proposéierten Text net all d'Elementer vum Artikel 1 Paragraph 17 iwwerhélt. Et géifen nämlech Dispositiounen feele par rapport zu den Informatiounen, déi an der Lëscht misste beinhalt sinn, wéi och e Saz, dass de Minister nëmme gratis Emissiounsquoten un Installatiounen ka ginn, fir déi déi Informatiounen och weidergereecht gi sinn.

De Staatsrot freet, dass mer, wa mir den Text esou bäibehalen, bei der Kommissioun nofroen, ob déi inkomplett Transpositioun vun deem Paragraph duergéet. Fir d'ärem Remark vum Staatsrot gerecht ze ginn, hu mir de Paragraph 17 komplett transposéiert, esou wéi et an der Direktiv steet.

De Staatsrot huet iwwerdeems festgestallt, dass e falsche Renvoi misst verbessert ginn. Dofir hu mir en zousätzlechen Artikel agefüügt an de Staatsrot an



engem Bréif doriwwer informéiert. Hie war d'accord, huet awer eng aner Formulatioun vum Artikel proposéiert, déi mir iwwerholl hunn.

D'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg huet den Text de 4. August zejoert deposéiert. Mir hunn d'Gesetz de 7. Mäerz an der Kommissioun duerchgeholl an ech gouf och dunn zum Rapporteur ernannt. De Rapport hu mir den 23. Mäerz ugeholl.

Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Villmools Merci, Här Rapporteur.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Jean-Paul Schaaf agedroen. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Also ech wëll just op dëser Plaz dem Rapporteur villmools Merci soe fir säin explizite Rapport. Ech mengen, méi ass dozou net ze soen. Ech ginn d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Här Schaaf. Als nächste Riedner ass den Här Max Hahn agedroen.

**M. Max Hahn** (DP) | Wann den Här Schaaf scho mengt, dass alles gesot wier, dann ass dat wuel esou.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Max Hahn** (DP) | Deemno géif ech et och dann dobäi beloossen, just dem Rapporteur Merci ze soen an den Accord vun der Demokratescher Partei ze ginn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Déi nächst agedroen Riednerin ass d'Madamm Cécile Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Jo, merci, Madamm Presidentin. Ech géif just soen: Idem fir d'LSAP. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Madamm Hemmen. Als nächsten agedroene Riedner ass den Här Fred Keup agedroen.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Madamm Presidentin. Och merci un de Rapporteur. A mir ginn eisen Accord. Merci.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Den nächsten agedroene Riedner ass de Marc Goergen. Här Marc Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci. Och d'selwecht hei: Mir ginn den Accord.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Villmools merci. An dann hätt elo d'Regierung d'Wuert.

**Une voix** | déi Lénk!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Vun deene Lénke steet hei keen op menger Lëscht, nee.

Voilà, dann ass et un der Regierung.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Ech wäert Iech elo keng zwou Stonne Ried heiriwwer halen. Merci, Här Benoy, fir de Rapport. Dat hei si jo technesch Ännerungen a merci, dass se esou breet gedroe ginn.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Den Här Rapporteur. Här Benoy, Dir frot d'Wuert.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Jo, ech wollt just soen, ech hunn a mengem Rapport elo grad en Datum falsch gelies, nämlech dass ... D'Klimaschutzgesetz ass wuelverstanen – et ass mer schonn opgefall, wéi ech do stoung, mee ech hunn et dunn awer falsch virgelies –, d'Klimaschutzgesetz ass aus dem Joer 2020 an net aus dem Joer 2021.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci fir dës Rektifikatioun, Här Benoy.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7868. Den Text steet am Document parlementaire 7868<sup>3</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7868

An d'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. An de Vott ass heimadder ofgeschloss.

An dëst Gesetz ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm an 2 Abstentionen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Marc Lies), Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden (par M. Jean-Paul Schaaf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Claude Wiseler), Mme Octavie Modert (par M. Max Hengel), M. Laurent Mosar (par Mme Diane Adehm), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. André Bauler), Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, M. Pim Knäff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Francine Closener), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par Mme Cécile Hemmen), Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Dan Biancalana), Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydia Mutsch), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Dan Kersch) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Villmools merci. An Dir gesitt, mir rodéieren eis hei wonnerbar an, lues awer sécher. Ech kéint elo nach dee ganzen Owend weidermaachen.

## 11. 7980 – Projet de loi portant prise en charge par l'État des frais engendrés par l'utilisation des réseaux de distribution de gaz naturel

Mee mir kommen dann elo zu deem leschte Gesetz vun haut: Um Ordre du jour ass de Projet de loi 7980 iwwert d'Prise en charge duerch de Staat vun den Netzkäschte vum Gas. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen den Här Jean-Paul Schaaf, den Här Max Hahn,

d'Madamm Cécile Hemmen, den Här Fred Keup, d'Myriam Cecchetti an de Marc Goergen.

D'Wuert huet elo d'Rapporteuse vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Jessie Thill. Madamm Thill, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

**Mme Jessie Thill** (déi gréng), rapportrice | Madamm Presidentin, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Energiepräisser sinn an de leschte Méint massiv eropgaangen, besonnesch beim Gas, wat sech ëmmer méi op d'Liewe vun der Bevëlkerung auswirkt. Effektiv sinn d'Präisser vum Gas um Grousshandelsmarché ganz héich.

Virun der Pandemie ware mir nach bei 20 Euro pro Megawatt/heure. Dunn, während dem Summer 2020, wéi d'Demande wéinst de Confinement ganz kleng war, louche mir bei 5 Euro pro Megawatt/heure.

Mat der Erhuelung vun der Weltwirtschaft ab Ufank 2021 ass d'Demande no Äerdgas esou eropgaang, dass d'Offer net konnt mathalen, wat zur Folleg hat, dass Drock op d'Energiepräisser am Allgemengen an am Besonneschen op de Gas opgebaut gouf. Derbäi muss ee soen, dass déi russesch Gasexporter an Europa säit Ufank 2021 réckleefeg waren, wat zousätzlech Drock op d'Präisser vum Grousshandelsmarché gemaach huet, esou dass mir Enn 2021 bei iwwer 150 Euro pro Megawatt/heure louchen.

Ufank 2022 huet sech dës Entwécklung liicht verännert an d'Präisser sinn erëm op 60 bis 100 Euro pro Megawatt/heure gefall. Nom Afall vu Russland an d'Ukrain sinn d'Präisser erëm an d'Luucht geschoss a louchen zäitweis bei iwwer 300 Euro pro Megawatt/heure, also 15-mol méi héich wéi den übleche Präisniveau virun der Pandemie.

Generell schwanken d'Präisser um Grousshandelsmarché fir Gas an de leschten dräi Joer ganz staark an et deit sech un, dass d'Marchépräisser 2022 op engem héijem Niveau bliwen, a méiglecherweis och 2023. Dohier ass den Ustig vun de Gastariffer fir den Ennverbraucher onvermeidlech, och wann d'Erhéijung manner héich ausfällt wéi den Ustig vun de Präisser um Grousshandelsmarché selwer.

Als Reaktioun op dës Präisentwécklung huet d'Regierung den 28. Februar 2022 eng Rei Moosnamen am Kader vun engem Mesurëpak annoncéiert, dee sech virun allem u Menagé riicht, déi besonnesch staark vun den Energiepräisser betraff sinn: eng Energieprimm fir Menagé mat niddregem Akommes, d'Stabiliséierung vum Stroumpräis, de Renforcement vun der finanzieller Ënnerstëtzung fir d'Renovatioun vu Gebaier, der PRIME House, d'Promotioun vun op erneierbaren Energie baséierenden Heizsystemer, nohaltig Mobilitéit, d'Produktioun vun erneierbaren Energien an elo mat dësem Projet de loi d'Iwwerhuele vun den Netzkäschte vum Gaspräis.

Doduerch dass de Staat 100 % vun dëse Käschten iwwerhëlt, senkt sech also d'Rechnung vum Ennverbraucher, soudatt bal d'Hallschent vum Ustig vun der Energiekomponente vun 2020 bis 2022 ausgeglach gëtt. Dës Moosnam ziilt soumat dorop of, dass den integréierte Gaspräis trotz der Entwécklung vum Marchéspräis fir den Haushaltsclient erschwénglech bleift.

D'Netznotzungsgebühren, déi vum Régulateur, dem ILR kontrolléiert a geneemegt ginn, beinhalten d'Käschte fir den Transport an d'Verdeelung vum Gas vun der Produktiounssite bis zum Ennclient an erméiglechen dem Netzbedreier esou, seng Käschten ze decken.

Als kleng Erënnerung, de Gaspräis setzt sech aus dräi Hauptkomponenten zesummen: d'Energiekomponent,

d'Netznotzungskäschten an d'Steieren, d'Gassteier, d'CO<sub>2</sub>-Steier an d'Méiwäertsteier. Aktuell maachen d'Netznotzungskäschten ongeféier 18 % vun der Rechnung vun engem Menage mat engem duerchschnëttleche Joresverbrauch vun 2.500 Meterkibb aus.

Generell kann ee soen, datt d'Haushaltsclienten zu Lëtzebuerg ronn 38 % vum Marchésvolume mat ronn 86.000 Versuergungspunkten an engem Verbrauch vun dräi Terrawatt/heure ausmaachen.

De Gesetzesprojet, deen ech Iech haut hei virstellen, huet als Zil, d'Auswirkung vun der Äerdgaspräisentwécklung fir d'Bierger/innen ofzefiederer, andeems de Staat d'Käschte fir d'Notzung vum Gasreseau fir Ennclientë vum 1. Mee 2022 bis den 31. Dezember 2022 iwwerhëlt.

D'Tarifstruktur deelt d'Notzer vun de Gasverdeelnetzer an dräi Kategorien. Betreff vun dëser Mesure sinn d'Clienten, déi an d'Kategorie 1 an 2 falen, dat heescht Clientë mat engem G4- bis G16-Compteur, mat enger maximaler Capacitéit vun 250 Kilowatt, a mat engem G25- bis G40-Compteur, mat enger maximaler Capacitéit vu 650 Kilowatt respektiv 65 Meterkibb/Stonn. D'Kategorie 3 betrëfft gréisser Verbraucher, wéi zum Beispill d'Industrien, déi net vun dësem Projet de loi viséiert sinn.

D'Iwwerhuele vun de Käschte fir d'Netznotzung ass eng Moosnam, bei där de Verwaltungsofpand bei hirer Ëmsetzung iwwerschaubar bleift, well si haaptsächlech déi dräi eenzeg Netzbedreiwer vun de lëtzebuergeschen Äerdgasnetzer, d'Creos, d'SUDenergie an d'Stad Diddeleng, betrëfft.

Während dësen aacht Méint stellen déi dräi Gasnetzbedreiwer zu Lëtzebuerg dem Client final keng Netznotzungsgebüer méi a Rechnung an d'Fournisseure kënnen dës och net méi un hire Client weiderverrechnen.

Wat de Remboursement vun de Käschte fir d'Netzbedreiwer ubelaangt, ass et esou, datt den Netzbedreiwer eng Lëscht mat den Netznotzungsgebüeren, déi se net erhuewen hunn, erstellen a se dann un den Energieministère schécken. Hire finale Bilan muss se bis spéitstens den 30. Juni 2023 erareechen.

Finanziell wäert dës Mesure de Staatsbudget mat 35 Milliounen, mat enger klenger Marge de manœuvre, belaauchten. Dorënner falen an der Kategorie 1 27,7 Milliounen an an der Kategorie 2 3,1 Milliounen Euro.

Zu den Avisen: A sengem Avis vum 1. Abrëll 2022 huet de Staatsrot keng formell Opposition zum Gesetzesprojet ausgeschat, an et ass och nach en Avis vun der Chambre de Commerce erakomm, deen dës Gesetzesprojet generell begréisst a sech erwaart, datt an Zukunft och Entreprisé vun esou enger Mesure profitéiere kënnen.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun bleift ze soen, datt de Gesetzesprojet den 21. Mäerz 2022 vum Energieminister an der Chamber deposéiert gouf. Den 19. Abrëll huet déi zoustänneg Chamberskommissioun de Gesetzesprojet esouwéi den Avis vum Staatsrot analyséiert a si huet de Rapport den 22. Abrëll an enger Sëtzung ugeholl.

Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Ech soen op dëser Plaz nach eng Kéier jidderengem Merci, datt dës Projet esou schnell konnt hei an d'Chamber kommen, an ech ginn och den Accord fir déi gréng Fraktioun. Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci der Rapportrice.

An als éischten agedroene Riedner ass et um honorabelen Här Jean-Paul Schaaf. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Jo, merci, Madamm Presidentin. Ech erlabe mer awer trotzdeem, heihinner ze kommen, och wa mer zu spéider Stonn sinn an d'Sitzung scho fënnf an eng hallef Stonn amgaangen ass. Ech muss awer nach e puer Sätz heizou soen. Déi Energiepräisser an dat, wat sech dorausser ergëtt, et ass jo net fir d'éischt, dass an der Chamber respektiv an der Chamberskommissioun, awer och an de Fraktiounen an op ville Plazen doriwwer diskutéiert gëtt. Dat ass eppes, wat de Leit reellement vill Suerge mécht. Dat muss een einfach soen.

D'Jessie Thill, d'Madamm Rapportrice, huet hei ganz gutt – an ech wëll Merci soen duerfir – och den Historique ernimmt, wéi d'Gaspräisser schwanken, also vun 20 Euro vu virun der Pandemie bis Spëtzte vun 300 Euro pro Megawatt/Stonn. Dat ass en onwarscheinlechen Up and Down, an et weess nach keen esou richtig, wou d'Rees higeet. Duerfir si mer natierlech alleguer, an ech denken, dat si mer all heibannen, ganz frou iwwert dës Gesetzesprojet, dass dat doten elo en route kënn.

Schonn am Hierscht hat d'CSV sech staarkgemaach fir Mesuren an hat dunn am Wanter och véier ganz konkreet Moosnamen proposéiert. De Kofraktiounspresident, de Gilles Roth, hat eng Heure d'actualité zum Thema heibannen, déi och ganz vill diskutéiert ginn ass a wou och déi konkreet Propositionen nach eng Kéier duergeluecht gi sinn. Enn Februar gouf et dann en Energiedësch, bei deem dann eeben ënner anerem och déi heite Moosnam komm ass.

Duerfir, mengen ech, muss een all deenen, déi sech schonn an deem Parcours bis dohinne abruucht hunn, wierklech op dëser Plaz einfach Merci soen. Ech wëll awer och der Regierung Merci soen a felicitéiere fir dee Gesetzesprojet. Et ass jo och rekordverdächtig. En ass den 21. Mäerz abruucht ginn. Elo si mer fënnf Wochen drop an elo gëtt e scho gestëmmt. Dat ass net ëmmer de Fall bei Projeten. Et ass jo och e relativ einfachen Text vum Textuellen hier, mee et muss een et awer maachen, et muss een et awer gutt preparéieren, et muss awer séier duerchbruecht ginn. Wierklech, dat ass exzellent, dass dat sou séier ka geschéien.

Fir ofzekierze wëll ech awer eebe just nach zwou Froen un de Minister stellen.

Déi éischt ass – mir hu jo eigentlech dräi Fournisseuren am Gasreseau: Creos, SUDenergie an d'Stad Diddeleng –, ob mat de Fournisseure geschwat ginn ass, fir dass eeben och déi Baisse hei, soen ech emol, déi jo 18 % vum Gaspräis ausmécht, direkt ukënn, fir dass d'Avancen, well d'Leit bezuele jo mat Avancen, net nach méintelaang weiderlafen, bis dass dann iergendwann an engem Dekont der Baisse Rechnung gedroe gëtt, dass dat also séier ka geschéien. Elo just eng Fro, ob dat gekläert ass.

An dann hunn ech awer eng zweet Suerg a Fro, an déi ass e bësse méi speziell. De Minister ass net iwwerrascht, well ech hat se och schonn an der Kommissioun gestallt. Et ass jo esou, dass eng Grenz gesat ginn ass bei 65 Kubikmeter Flux horaire, also dat, wat pro Stonn duerch d'Netz geet, fir ze soen: Voilà, bis 65 Meterkibb kënn een an de Genoss heivunnen. Déi, déi driwwer sinn, dat sinn also industriell Anlagen, an déi kommen hei net an dee Genoss. Mee do falen awer och Blockheizkraaftwierker drënner, där et awer nach eng Rëtsch am Land gëtt. Ech hu keng Recherche gemaach, fir d'Zuel ze kennen, mee d'Netzbedreiwer wëssen dat. Et gëtt nach Blockheizkraaftwierker, déi dann natierlech privat Clienten, Haushalter bedéngen an déi also

déi selwecht Konsequenz hunn: héijen Akaf vun der Energie, dee se mussen weiderginn un hir Leit, a si profitéieren hei net vun der Reduzéierung vun 18 %, hunn also duerfir keng Hëllef.

Duerfir meng Fro, ob déi privat Clientë vun de Fernwärmenetzer also iwwer en anere Wee kënnen geholfen kréie respektiv hiren Netzfournisseur, deen dat d'Blockheizkraaftwierk bedreift – dat kënnen Gemengen oder aner Institutionen sinn –, ob déi dann als Industriell gekuckt kënnen ginn an iwwert dee Wee eng Hëllef kréien. Dat ass also nach déi Fro, déi ech hei hannerdru wëll stellen.

An da wëll ech selbstverständlech op dëser Plaz d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun ginn. Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Här Schaaf. An als nächsten agedroene Riedner wier et um Här Max Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Madamm Presidentin. Ech mengen, d'Energiedieierecht ass net nëmme bei deene sozial ganz Schwaachen ze spieren, mee se ass scho wäit bis an de Mëttelstand erakomm. Et ass e reelle Problem. D'Tripartite, ech mengen, do war d'Regierung rezent gefuerdert. Et ass e flotten Accord fonnt ginn, fir de Leit an och de Betriber ënnert d'Äerm ze gräifen. Schonno do virun ass et zu deem méi bekannten Energiedësch komm, wou haaptsächlech zwou grouss Mesuren decidéiert gi sinn: Dat eent, dat ass d'Energieprimm fir déi sozial schwach Stéit, an op där anerer Säit dann dat, wat mer haut stëmmen, dat heescht, fir d'Netzkäschten ze neutraliséieren, wat da laut Minister ëm 20 % ausmécht, de Staat ronn 35 Milliounen wäert kaschten, déi hei iwwerholl ginn, eppes, wat mer begrëssen. An ech mengen, et ass déi richtig Mesure an der Regierung ass ze felicitéieren, virun allem fir d'Vitess, mat där se hei virgaangen ass. An dat ass eppes, wat mir als Demokratesch Partei voll ënnerstëtzen, an duerfir stëmmen mir dee Projet hei och mat.

Ech géif just nach gären der Rapportrice villmools Merci soe fir hire schrëftlechen a fir hire mëndleche Rapport.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Här Hahn. An déi nächst agedroene Riednerin ass d'Madamm Cécile Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Jo, vu mir e grouss Merci un d'Rapportrice fir dee ganz detailléierte Rapport, dee se eis presentéiert huet. Jo, ech wëllt och drun erënneren, dass dat heiten net déi eenzeg Mesure ass, déi d'Regierung op de Wee bruecht huet, fir der Hausse vun den Energiepräisser entgéintzewierken.

An als LSAP si mer awer och der Meenung, dass mer an deenen nächste Méint d'Situatioun vum Energiemarché wierklech ganz penibel am A hale mussen an de Cas échéant de Stéit mat weidere Mesurë cibléiert hëllef mussen, wann d'Entwécklung vun der Situatioun dat erfuerdere sollt. A mir gi selbstverständlech eis Zoustëmmung.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Madamm Hemmen. Den nächsten agedroene Riedner ass den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Madamm Presidentin. Ech denken, dat hei ass eng Saach, déi mir och gefuerdert haten, dass mer eppes maachen, fir d'Energiepräisser, déi immens staark an d'Luucht gaange sinn, erëm erofzesetzen – dat heiten ass elo beim Gas, mee



dat zielt och fir déi aner – an dass mer dat och solle bäibehalen.

Dat hei geet natierlech do an déi komplett richteg Richtung. An duerfir wäerte mer dat heiten natierlech och ganz gäre matstëmmen. Merci.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Här Keup. Déi nächst agedroe Riednerin ass d'Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Madamm Presidentin. Madamm Presidentin, am Februar scho gouf um Energiedesch tëscht Regierung, Gewerkschaften a Patronat déi Mesure annoncéiert, iwwert déi mir haut elo hei ofstëmmen an déi ab dem 1. Mee soll gräifen.

Et huet also awer eng zimmlech Zäitche gedauert, fir e Gesetz mat engem klengen Artikel virzeleeën. An der Vergaangenheet hu mir scho méi en héijen Tempo bei dréngende Gesetzer gesinn. Zweek Méint mat immens héije Präisser sinn also an der Tëschenzäit verstrach. Fir d'Regierung huet dëst natierlech elo den Avantage, datt se dës Mesure nodréiglech als Deel vum Tripartitesaccord a Contrepartie vun der Indexmanipulatioun ka verkafen.

D'Mesure, déi dora besteet, residentiel Gasconsommateure vun de fixe Reseauskäschen a soumat aktuell vun zirka 18 % vun de Gaskäschen ze befreien, huet den Avantage, datt et eng substantiell Entlaaschtung ass vun de Stéit, déi mat Gas hëtzen.

Eng integral Kompensatioun vun de Präishaussen ass et awer net, well d'Stéit op d'mannst awer op 50 % vun de Präishausséi sëtze bleiwen. Dat ass och direkt e Problem vun dëser Mesure: Si entlaascht all Stot an änlech Mooss. Stéit mat klengem Revenu bleiwen awer staark belaauscht duerch d'Hausse vun de Präisser. Fir Stéit mat déckem Revenu dogéint ass et eng verzichtbar Mesure, well se d'Haussen ouni Weideres konnte finanzéieren, ouni dobäi bei aneren Ausgabe Verzicht üben ze mussen.

Mee trotz dëser Kritik iwwerweit bei dësem Punkt awer en aneren Aspekt. Mir si souwisou der Iwwerzeugung, datt d'Energie e Service public ass an domadder d'Käschte fir den Entretien vum Gasresseau iwwer effentlech Budgete finanziéiert misste ginn. D'Mesure, wéi se elo hei ëmgesat gëtt, suergt nämlech temporaire derfir, datt méi héich Revenuen iwwer hir Steiere méi zum Ënnerhalt vum Gasnetz bäidroen wéi méi kleng Revenuen. Esou ass et sozial méi gerecht wéi déi aktuell Fixkäschen, déi de Fournisseur nom Käschtegedankensprinzip andreift. Dofir si mir och der Meenung, datt d'Reseauskäschen net just temporaire, mee ëmmer vum effentleche Budget sollte finanziéiert ginn.

En anere Kritikpunkt betrëfft de Ciblage vun dëser Mesure, wou jo de Minister selwer zouginn huet, datt e schwéierfält. A ville Wunnhaiser an a Kopropriétéite vun de Wunnquartiere wunnen a Wierklechkeet keng Leit, mee schaffen Entreprises. Déi kréien och elo en Nolooss op d'Gasrechnung niewent all deenen anere Kaddoen, déi si och kréien, sief et um Spritt oder natierlech duerch d'Manipulatioun vum Index, am Fall wou se Personal beschäftegen. Och dat weist, datt en Energiegeld als besteierbare Revenu un all Stot méi sënnavoll gewiescht wier. E wier vill méi einfach ëmsetzbar gewiescht, hätt eng Progressioun um Revenu erméiglecht a virun allem wier en universell fir all Stéit, a just fir d'Stéit, gewiescht. Leit, déi mam Vëlo fueren, déi ganz weening Auto fueren oder vläicht guer keen hunn, hätten och eng Ënnerstëtzung kritt, fir all déi aner Deierechten ze kompenséieren, déi jo indirekt och duerch déi héich Energiepräisser entstinn. Beispill: Liewensmittelskäschen.

Madamm Presidentin, ech wëll awer och nach e Wuert zu der Explosioun vun de Gaspräisser soen.

Am Exposé des motifs gëtt déi quasi als mechanesch beschriwwen. Et heescht, d'Nofro am Ausgang vun der Pandemie an duerno d'russesch Invasioun vun der Ukrain hätte fir dës Explosioun gesuergt. Dat gräift awer kuerz a blent aus, datt d'Spekulatioun hei eng Haaptroll spillt. Déi Spekulatioun gëtt jo och besonnesch lukrativ an onsécheren Zäiten, wéi mer se aktuell kennen. Op den europäesche Gashubs ass d'Majoritéit vun den Transaktiounen reng spekulativ. Dat geet kloer aus Etüden ervir, entre autre vum Oxford Energy, engem Rechercheteam op der Uni Oxford an England.

Am gréissten europäesche Gashub an Holland sinn 68 % vun den Transaktiounen spekulativ. Déi weisen och, wéi déi héich Präisser schonn am Hierscht entstane sinn: Mat réckleefeg russesche Gasliwwerungen huet dat relativ weening ze dinn, duerfir awer vill méi mat der Tatsaach, datt an Europa d'Gasspäicheren iwwert de Summer net opgefëllt gi sinn, well hei op déif Präisser spekuléiert gouf, déi dann awer leider net agetratt sinn. Fir eis weist dat, datt d'Liberaliséierung vum europäesche Gasmarché ganz staark mat zu den enorm schwankende Präisser gefouert huet a mat Schold ass un dem Desaster, an dee mir elo geroode sinn. A wann ee seriö ass, da muss een dëse System a Fro stellen, soss widerhuele sech esou Krisen an Zukunft ëmmer erëm. Esou Spekulationen gehéieren endlech ënnerbonnen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Madamm Cecchetti. An den nächsten agedroene Riedner ass den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Madamm Presidentin. Och mir wäerten d'Gesetz haut matstëmmen.

Et ass just e kleng Kritikpunkt – deen ech och an der Kommissioun ubruecht hat, wou een eng besser digital Léisung hätt kéinte fannen –, dass eeben net déi Firmen, déi an engem Logement, an engem Appartement oder soss aktiv sinn an do schonn e Problem vum Logement maachen, an zwar dass se iwwer Bürofläche Wunnflächen ewechhuelen, an elo och nach vun esou enger Mesure profitéieren kënnen, während déi, déi net an engem Logement aktiv sinn, net vun dëser Mesure profitéieren kënnen. Dat ass einfach ongerecht. En plus verschäerfe mer doduerjer d'Logementskris, dass mer nach eng Kéier ënnerstëtzen, dass ee Wunraum ewechhëlt an dann nach Virdeeler huet.

Fir de Rescht si mer ganz zefridde mam Gesetz. Et ass och gutt, dass haut nach eng Question parlementaire beäntwert ginn ass, déi ganz wichteg ass, well do hutt Der mer nach eng Kéier confirméiert, dass mer am Moment keng direkt Liwwerkontakter mat Russland hunn, déi hei aktuell am Gasresseau aktiv wäeren. Dat berouegt mech, well ech gëschter jo héieren hunn, dass Polen a Bulgarien elo ofgeschnidde gi si vu Gazprom, an haut hutt Der mer da geäntwert, dass Lëtzebuerg net an deem Fall wär, well mer keng direkt hunn. Dat berouegt mech, och wann de Präis widerhi wäert héich bleiwen an d'Leit elo ënner dem Stréch nach ëmmer méi bezuele wéi virun engem Joer, kréie se awer trotzdeem déi Entlaaschtung vun 30 %, déi och richteg ass an déi och ganz vill Leit am Land brauchen.

Merci.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet elo d'Wuert. Här Energieminister Claude Turmes, Dir hutt d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Merci, Madamm Presidentin. Ech sinn och frou, dass mer

dat elo esou schnell konnten op de Wee bréngen. Ech mengen, mir hunn iwwert déi lescht Woche wierklech probéiert, de Leit hei zu Lëtzebuerg entgéintekommen. Ech mengen, ech weess net, ob Der... Haut an de Medie koom et: An Däitschland hu se haut hire Pak decidéiert. Do geet et ëm 300 Euro, déi d'Leit elo eemoleg kréien. Bei eis, iwwert déi zweet an dann déi liicht verschoben Indextranche, si mer éischter bei 300 Euro de Mount, dat heescht, doriwwer gëtt schonn eng immens Kompensatioun gemaach.

Dann hu mer jo och nach spezifesch Moossname fir de Gas geholl. Dat ass dat, wat mer elo den Owend maachen. An Dir wësst, dass mer elo och beim Masutt eng Léisung fonnt hunn, déi mer och elo ganz schnell op de Wee wäerte bréngen.

Beim Gas war et eeben dat Einfachst, d'Netzkäschen elo integral ze iwwerhuelen. Mir hate ganz, ganz gutt a konstruktiv Gespréicher, net nëmme mat Creos, SUD-energie an Diddeleng, déi d'Gasnetzer bedriewen, mee och mat de Fournisseuren a mat deenen, déi de Gas verkafen. Dat sinn der e puer méi, déi och hei an déi Mesure mat agebonne sinn an dat elo zäitno wäerten ëmsetzen. Duerfir ass et och wichteg, dass mer haut ofstëmmen. Mir hu mat hinnen ofgemaach, dass dat dann ab 1. Mee an hir Rechsystemer integréiert gëtt. Ech mengen, et war eng Fro vum Här Schaaf. Dat gëtt och elo direkt mat an den Avancé consideréiert. Natierlech wäerte verschidde Gasfournisseure scho méi fréi wéi anerer en Dekont maachen, dat heescht, déi Moossnam kënnt elo effektiv schnell bei de Leit un.

Zu där Nofro mat de Wärmenetzer: Also mir sinn amgaangen, dat ze kucken. Also et ass technesch schwéier, dat do quasi richteg ze treffen. Wann een do eng Ausnam gemaach hätt, hätt een op eemol extreem vill Industrie dragehat. Da wiere mer net méi bei 35 Milliounen, mee da wiere mer warscheinlech bei 90 Milliounen gewiescht. A mir hunn eebe virgezunn, der Industrie ganz cibléiert ze hëllefen. Dat ass e Projet, deen de Franz Fayot an ech elo geschwéi wäerte kënnen virstellen, wou mer jo all deenen Entreprises, déi noweise kënnen, dass se méi Energiekäschen hunn an och Defizit maachen, geziilt hëllefen. Soss hätte mer do, mengen ech, wierklech mat der Géisskan Steuersuen ausginn. An dat hu mer vermieden. Mir maachen elo vill méi geziilt Aiden, mee ech kucke mer dat mat de Wärmenetzer an och mat de Präisser awer nach eng Kéier un.

Ech mengen, et ass jo esou, déi hei Moossnam ass elo bis den 31. Dezember. Mir wäerten natierlech kucken, wéi d'Gaspräisser evoluéieren, a wa se fir d'nächst Joer héich bleiwen, wäerte mer déi Moossnam dann och iwwert de Budget misse verlängeren.

Vläicht nach eppes Leschtes. Mir sinn elo och amgaang, ganz aktiv mat den Handwierker ze schaffe fir déi richteg Alternativ: Dat ass jo dann, meng Gasheizung duerch eng Wärmepompe ze ersetzen. A mir wäerten déi nächst Woche mat hinnen do massiv derfir Werbung maachen. Ech weess och, dass bei den Handwierker och scho ganz vill Nofro fir Wärmepompelen ass. An déi gutt Noriicht ass, dass mer och an alen Haiser kënnen eng Wärmepompe nieft eng besteeënd Masutt- oder Gasheizung setzen an doduerch 70-80 % vum Gas oder vum Masutt kënnen aspieren, dat heescht, mir hunn do och eng direkt Léisung. An ech hoffen, dass mer déi nächst Méint do am grouse Stil virukommen.

E grouse Merci och un d'Rapportrice. An ech mengen, da wier alles gesot. Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7980. Den Text steet am Document parlementaire 7980<sup>2</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7980 et dispense du second vote constitutionnel**

A mir géifen da mam Ofstëmmen ufänken. Mir kommen elo zu de Votes par procuracion. An de Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Marc Lies), Paul Galles (par M. Claude Wiseler), Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Marc Spautz), Mme Octavie Modert (par M. Jean-Paul Schaaf), M. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Dan Biancalana), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par Mme Francine Closener), Mme Cécile Hemmen, MM. Dan Kersch et Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Ech froen d'Chamber no der Dispens vum zweete Vote constitutionnel.

(Assentiment)

#### **12. 7868 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 décembre 2020 relative au climat (suite)**

##### **Dispense du second vote constitutionnel**

An ech géif och dovunner profitéieren, well ech dat beim leschte Vott vergiess hunn, fir do och Ären Accord ze froen.

(Assentiment)

Villmools merci dofir.

#### **13. Question urgente n° 6109 de Mme Jessie Thill relative à l'arrêt des livraisons de gaz russe à la Pologne et à la Bulgarie**

Mir kommen dann elo nach zur Question urgente Nummer 6109 vun der Madamm Jessie Thill iwwert d'Ennerbriechung vun de russesche Gasliwwerungen u Polen an u Bulgarien. Madamm Thill, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Merci, Madamm Présidente. Ech hale mech och kuerz. Gëschter huet de russesche Konzern Gazprom ugekënnegt, datt si ab haut hir Gasliwwerung u Bulgarien a Polen iwwert d'Jamal-Pipeline astellen. Als Grond gi si un, datt béid Länner géife refuséieren, hir Gasimporter a Rubel ze bezuelen.

An dësem Zesummenhang géif ech da gären dem Energieminister déi folgend Froe stellen: Wéi wierkt sech dës Stopp op Lëtzebuerg aus? Bleift déi national Gasversuergung gewärrleescht? Wéi eng Moosname sinn am nationalen Noutfallplang fir Lëtzebuerg ze ergräifen, fir d'Auswierkunge vu Versuergungsënnerbriechungen ze verhënneren oder ze verréngere? An ass et virstellbar, dass deen Noutfallplang tatsächlech misst declenchéiert ginn?

Ech soen Iech Merci.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Madamm Thill. Dann huet den Här Minister elo d'Wuert.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Villmools merci fir déi Fro. Ech mengen, et ass effektiv: Dat, wat gëschter geschitt ass, dat ass e bëssen esou den Eeschtfall, op dee mer eis déi lescht Woche préparéiert hunn an Europa.

Vläicht zwee Wuert zu der Situatioun a Polen an a Bulgarien. Ech war mat der polnescher Energieministesch zweemol zesummen am leschte Mount. Ech hat si och am Detail gefrot, well si jo quasi méi no un der Front sinn, an enger gewësser Hinsicht. Polen hat souwisou alles préparéiert, fir Enn des Joers null russesche Gas ze hunn, an dat kënnt hinnen elo entgéint. Si hunn hir Gasspäichere gefëllt zu iwwer 60 %. Si hunn och viru Joren e Flëssegasterminal gebaut. An, wat ganz, ganz wichteg ass: Dat hei ass jo net den éischte Gaskrich vum Här Putin. Et ass den zweeten, an deen éischten, dee war jo 2008/2009 och scho géint d'Ukrain.

Duerno hu mer als Europäesch Unioun och investéiert an dat, wat ee „gas reverse flows“ nennt. Bis dohin, bis 2008, ass de Gas ëmmer nëmme vu Russland Richtung Weste gepompelt ginn, an et war physisch

onméiglech, de Gas an déi aner Richtung ze pompen. A glécklecherweis hu mer zwëscht Däitschland a Polen dunn an de Gasleitungen zousätzlech Investitiounen gemaach, soudass de Gas och kann an déi aner Richtung fléissen. An an dësen Deeg gëtt Polen haaptsächlech aus Däitschland beliwwert.

Gutt, an da kënnt och nach eppes Enn des Joers, wat och virun zwee, dräi Joer op de Wee bruecht ginn ass: Pole kritt elo eng direkt Pipeline Norwegen-Dänemark-Ostsee bis a Polen. Dat heescht, Polen ass gasméisseg da komplett onofhängeg vu Russland.

A Bulgarien gesäit et och am Moment net dramatesch aus, well eeben och a Bulgarien iwwert d'EU eng Rei „gas reverse flows“ gemaach gi sinn, och Bulgarien Richtung Griicheland eng zousätzlech quasi kleng Pipeline krut an a Griicheland och deelweis mat europäesche Suen en LNG-Terminal, also e Flëssegäerdgasterminal gebaut ginn ass.

Et ass awer allerdéngs esou, dass dat doten elo drop hiweist ... Ech mengen, mir diskutéieren de Gasembargo. Mee eigentlech ass dat, wat ech säit Méint soen: Warscheinlech kéint et sinn, dass de Putin engem Gasembargo zevirkënn. Dir musst nämlech verstoen: Mir kënnen e Gasembargo iwwer zwee, dräi Joer wierklech plangen, an dann huet Russland keng Revenue méi. An dat weess jo dann och de russesche President, an duerfir muss ee sech elo drop astellen, dass dat, wat elo geschitt ass, eventuell nach op aner Länner ausgeweit gëtt.

Ech mengen, de Moie war direkt e Gas Coordination Group. Dat ass dee Gremium, wou all d'Länner drätsen, d'Europäesch Kommissioun, all d'Gasnetzbedreiwer. A mir sinn amgaang, eis op den Eeschtfall virzebereeden.

Nach eng Kéier fir Lëtzebuerg: Mir sinn am belsch-lëtzebuergesche Gasmarché. Ech hat elo nach dës Woch mat der belscher Ministesch geschwat. Vun do aus si mer op där Plaz an Europa, wou mer bal am mannsten ofhängeg sinn, mee trotzdem musse mer elo déi nächst Deeg ganz gutt zesummeschaffen um europäeschen Niveau. Mir hunn e Plan de délestage – mee nach eng Kéier: Ech wëll net, dass deen ... – a mir hunn deen och mat der Fedil, mat dem Wirtschaftsministère zesummen duergeschwat déi lescht Deeg. Mee ech hoffen, dass mer dee kënnen am Schaf loosse an net mussen eraushuelen.

Ech soen Iech Merci.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Här Energieminister.

Mir sinn um Schluss vun eiser Sëtzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Moien um 9.00 Auer nees zesummen.

An d'Sëtzung ass heimadde opgehuewen.

(La séance publique est levée à 19.57 heures.)



## Sommaire

| Objet                                                             | N°   | Auteur                                  | Page | Objet                                                          | N°   | Auteur                           | Page |
|-------------------------------------------------------------------|------|-----------------------------------------|------|----------------------------------------------------------------|------|----------------------------------|------|
| Procréation médicalement assistée                                 | 6315 | Fernand Kartheiser                      | 86   | Quadricycles légers                                            | 6370 | Serge Wilmes                     | 94   |
| Impact de la sécheresse sur le secteur horticole                  | 6323 | Martine Hansen                          | 86   | Stratégie « Food4Future » de Restopolis                        | 6372 | Martine Hansen                   | 94   |
| Victimes d'accidents de la route                                  | 6325 | Nancy Arendt épouse Kemp                | 87   | « Needle spiking »                                             | 6379 | Gusty Graas                      | 94   |
| Encadrement de l'ING Marathon                                     | 6332 | Marc Goergen                            | 87   | Réglementation de la circulation lors de processions           | 6380 | Fernand Kartheiser, Jeff Engelen | 95   |
| Cybergrooming                                                     | 6333 | Nancy Arendt épouse Kemp                | 88   | Étude sur le cannabis                                          | 6381 | Martine Hansen                   | 95   |
| Indemnité de voyage                                               | 6334 | Sven Clement                            | 89   | Buts de guerre de l'Ukraine                                    | 6384 | Fernand Kartheiser               | 95   |
| Secteur maritime luxembourgeois                                   | 6340 | Lydia Mutsch                            | 89   | Résidences pour artistes                                       | 6385 | André Bauler                     | 95   |
| Réforme fiscale                                                   | 6348 | Diane Adehm                             | 90   | Promoteurs publics                                             | 6388 | Roy Reding                       | 96   |
| Propositions du FMI concernant les impôts                         | 6350 | Sven Clement                            | 90   | Blocage du transit vers Kaliningrad                            | 6390 | Fernand Kartheiser               | 96   |
| Habitudes de voyage des Luxembourgeois                            | 6353 | André Bauler                            | 90   | Heures supplémentaires des forces de l'ordre                   | 6391 | Marc Goergen                     | 97   |
| Pénurie de cannabis médical                                       | 6356 | Sven Clement                            | 91   | Nuisances sonores causées par des motos                        | 6392 | André Bauler                     | 97   |
| Taux de TVA réduits                                               | 6357 | Nathalie Oberweis                       | 91   | Enfouissement de lignes à haute tension                        | 6393 | Yves Cruchten                    | 97   |
| Pénurie de vétérinaires                                           | 6363 | Martine Hansen                          | 92   | Utilisation de données personnelles par la Police grand-ducale | 6396 | Sven Clement                     | 98   |
| Passage de l'enseignement fondamental à l'enseignement secondaire | 6365 | Sven Clement                            | 92   | Sécurité aquatique                                             | 6397 | Claude Lamberty, Max Hahn        | 98   |
| Fermeture de distributeurs de billets                             | 6366 | Max Hengel, Léon Gloden, Octavie Modert | 92   | Aide militaire pour l'Ukraine                                  | 6400 | Fernand Kartheiser               | 98   |
| „Klima-Biergerrot“                                                | 6369 | Paul Galles, Max Hengel, Diane Adehm    | 92   | Délai de remboursement                                         | 6402 | Carole Hartmann                  | 98   |

### Procréation médicalement assistée | Question 6315 (08/06/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

An hirer Äntwert op meng parlamentaresch Fro N° 6098 vum 26. Abrëll 2022 iwwer d'Praxis vun de PMAen hei zu Lëtzebuerg schreiwen d'Madame Minister: „Fir sämtlech Froen ze tranchéieren, déi an dëser parlamentarescher Fro opgeworf gi sinn, ass de Gesondheitsministerium amgaangen, en Dossier opzustellen, fir déi National Eethikkommissioun ze befaassen, dëst am Virfeld vum Ausschaffe vun engem spezifesch Gesetz. Déi Aarbechten hunn ewell ugefaangen a sinn immens komplex, wat mat sech bréngt, dass dës nach Zäit brauchen, bis se ofgeschloss gi kënnen.“

Well sech e puer vu meng Froen awer op aktuell Aspekter vun der PMA-Praxis hei zu Lëtzebuerg bezéien, wollt ech bei der Regierung nofroen:

1. Wat geschitt am Ablack hei zu Lëtzebuerg mat „iwwerschësseg Embryoen“? Gëtt et do spezifesch Reegelen? Wann nee, firwat huet d'Regierung an deem Beräich bis elo net legiferéiert? Wat mécht d'Regierung fir de Schutz vun dësen Embryoen? Kann d'Regierung confirméieren, datt dës Embryoen net fir d'Fuerschung benotzt ginn? Wéi positionéiert sech d'Regierung zum „don d'ovocytes“ an zum „don d'embryon“ (wann eng Koppel, déi hir PMA net weiderféiere wëll, well se beispillsweis gescheet gëtt oder sech trennt, oder weinst „incapacité permanente de décision“, „hiren“ Embryo un eng aner Koppel weidergëtt), zwou Praktiken, déi hei am Land existéieren, awer bis elo net kloer gereegelt sinn?

2. Wat fir Reegele ginn am Ablack am Hibleck op preimplantatoresch a prenatal Ënnersichungen applizéiert?

3. Ass et fir Koppelen, déi eng PMA wënschen, verpflichtend, datt si iwwer d'Risiko vun esou enger medezinnescher Prozedur genau Bescheid wëssen?

### Réponse commune (12/07/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

ad 1. D'iwwerschësseg Embryoen an Eezelle gi mat Erlabnis vun der Koppel fir hir perséinlech Besoinen agefruer oder zerstéiert, wann d'Koppel hir PMA net weiderféiere wëll. All fënnel Joer ginn déi betraffe Persounen ugeschriwwen, fir ze kucken, wéi si mat hiren agefrueren Embryoen oder Eezellen virufueren wëllen.

Et ass net erlaabt, dës Embryoe fir d'Fuerschung ze benotzen.

De Gesondheitsministerium ass aktuell amgaangen, en Dossier opzustellen iwwer ë. a. déi vum honorabelen Deputéierten opgeworf Froen, fir d'National Eethikkommissioun domat ze befaassen, dëst am Virfeld vum Ausschaffe vun engem spezifesch Gesetz. Au vu vun der Komplexitéit vun dësem Dossier mussen alerdéngs nach eng Rei intern Aarbechten ofgeschloss ginn, iert den Dossier un déi National Eethikkommissioun goe kann.

ad 2. D'Gesetz vum 1. August 2007 „relative aux tissus et cellules humains destinés à des applications humaines“ gëtt applizéiert.

ad 3. Am Kader vun der PMA an de Risiko vun enger PMA gëllt dat modifizéiert Gesetz vum 24. Juli 2014 iwwer d'Rechter an d'Flichte vum Patient (Loi modifiée du 24 juillet 2014 relative aux droits et obligations du patient, article 8, point (4) : « Les soins de santé à un patient disposant de la capacité nécessaire ne peuvent être prestés que moyennant son consentement préalable, libre et éclairé, donné à la suite d'une information adéquate. [...] Comme tous actes médicaux, les problèmes et complications possibles sont accessibles au patient. »). Dëst Gestz gesäit vir, dass all Patient iwwer medezinnesch Akte muss opgekläert ginn.

### Impact de la sécheresse sur le secteur horticole | Question 6323 (09/06/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Well et an de leschte Wochen net genuch gereent huet, hunn de Gaarden- an den Uebstbau staark ënner der Dréchent ze leiden. Gläichzäitig explodéieren d'Produktionskäschte weinst den héijen Energiepräisser. An dësem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

1. Wat mécht d'Regierung, fir de Gäertner an den Uebstbauere bei den zousätzleche Käschten, déi duerch Bewässerung vun de Kulturen entstinn, entgéintzekommen, dat virum Hannergrond, datt de Gaardebau am Kader vun der Diversifizéierung vun der Landwirtschaft soll geféiert ginn?

2. D'Waasser ass am Gaardebau e wichtegt Produktionsmëttel. Plangt d'Regierung generell e spezielle reduzierte Waasserpräis oder eng staatlech Bähëllef beim Waasser fir Gaardebaubetrieb?

3. Gesäit d'Regierung speziell Aidé fir Gaardebaubetrieb, speziell déi mat Zären, vir, fir déi héich Energiepräisser zumindest deelweis opgefänken, esou wéi dat fir aner energieintensiv Entreprises am Tripartite-Accord virgesinn ass?

– Wann nee, firwat falen d'Gäertner net ënner dës Regimm?

4. Zu Conter ass e Pilotprojet geplangt, fir datt d'Reewaasser aus der Industriezon ka fir Bewässerungszwecker genotzt ginn. Wou ass dee Projet drun?

### Réponse (12/07/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Bedéngt duerch de Klimawandel gesäit een elo schonn, dass d'Dröchent am Fréijoer an de leschte Joeren zougeholl huet. De generellen Trend vun de méi

héijen Temperature während der gesamter Vegetationsperiod léisst d'Verdunstung eropgoen, an esou de Waasserbedarf vun de Planzen dann och nach méi héich ginn. D'Resultat heivunner ass, dass eis Gäertner hir Kulture méi oft netze müssen.

Am Eenzenen hânt d'Noutwendegkeet vum Netzen natierlech virun allem vum Nidderschlag an den Temperaturen of. Déi geografesch Lag vun de Parzellen huet natierlech och een Afloss, well domadder d'Buedemaart, d'Expositioun an d'Héichtelag festgeluecht ginn. An deene meeschte Fäll hunn eis Betriber do awer nëmmen eng limitéiert Auswiel vu Parzellen, op deenen si produzéiere kënnen. Des Weidere spillen awer och nach eng ganz Rei vu Parameteren, op déi de Gäertner kann een Afloss huelen, wéi d'Kultur an d'Kulturféierung, den Humusgehalt an d'Buedemstruktur, an natierlech och d'Irrigatiounsmethod.

Beim Präis vum Netze spillen dann nach aner Facteur mat, wéi zum Beispill „deiert“ Drénkwaasser oder „gratis“ opgefaange Reewaasser. Och d'Energiekäschen, fir d'Waasser bis bei d'Planz ze kréien, esouwéi déi initial Investitiounen an d'Irrigatiounsinfrastruktur kënnen eng wichteg Roll spillen.

Op länger Siicht ass et d'Zil vun der Regierung, fir d'Gaardebaubetriber ze ënnerstëtzen, fir dass si hire Waasserverbrauch esou wäit méi méiglech optiméiere kënnen. Des Weidere solle besonnesch d'Waasserressourcen ewéi Grond- an Drénkwaasser geschount ginn. D'Piste fir dohinzekomme sollen, wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5825 ugekënnegt, am Kader vun enger Etüd a vu Projets pilotes weider verdéift ginn. D'Zil muss et natierlech sinn, dass d'Erfahrungen aus de Pilotprojeten dann och op anere Plaze kënnen ëmgesezt ginn, an dem Gäertner esou eng effizient a bezielbar Irrigatioun erméiglechen, ouni dass domadder eis natierlech Ressourcen an deem Beräich ze vill belastscht ginn.

Am kommenden Agrargesetz sollen d'Bäihëllef fir Investitiounen an de Gaardebau erhéicht ginn, sou dass d'Betriber besser an déi noutwendeg Infrastrukturen investéiere kënnen.

ad 2. Wéi schonn an der Äntwert op déi éischte Fro ugedeit gouf, hânt de Präis vum Irrigatiounswaasser, deen de Gäertner direkt beziele muss, dervunner of, wat fir ee Waasser genotzt gëtt. Fir opgefaangent Reewaasser muss de Gäertner keng weider Ofgabe maachen.

Bei Waasser, dat op Basis vun enger Autorisatioun direkt aus engem Uewerflächewaasser oder aus dem Grondwaasser gezu gëtt, ass de Präis am Artikel 15 vum Waassergesetz (Loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau) festgeluecht.

An eisem Waassergesetz ass festgeluecht, dass den Drénkwaasserpräis generell käschendeckend vun de Gemenge muss festgeluecht ginn. Fir d'Landwirtschaft, zu där och de Gaardebau gehéiert, müssen d'Gemengen ee separate Präis festleeën. Dëst huet mat sech bruecht, dass a ville Gemengen d'Landwirtschaft hei ee méi gönschtege Waasserpräis krut

D'Regierung setzt, wéi erwäant, an deem Beräich op Investitiounsbäihëlfelefen an net op eng Bäihëllef um Waasser, déi net mam europäesche Recht an Aklang ze bréngen wier.

ad 3. Am Tripartite-Accord si speziell Bäihëlfelefen am Beräich vum Stroum a vum Gas virgesi fir Entrepreneuren aus der Industrie, dem Handwierk an dem Commerce, déi als „grandes consommatrices d'énergie“ qualifizéiert ginn. Am Gaardebau, deen net zu deene Secteuren zielt, schéngt éischter mat Mazout an den Zäre gehéizt ze ginn.

Beim Mazout fir ze hëtze profitéieren d'Betriber dann och bis Enn Dezember vun der Präisreduktioun vu 7,5

Cent. Saisonsbedéngt spillt d'Hëtzen an den Zären aktuell bei eis am Moment keng esou grouss Roll.

Zousätzlech Bäihëllef mussen, wéi fir déi aner Beräicher vun der Landwirtschaft, am Kader vun der Maartevolutioun (Ertrag, Verkaufspräisser, Präisser fir Energie, Dünger asw.) analyséiert ginn. À terme müssen sech d'Betriber hei och u méi héich Präisser upassen.

ad 4. Am Kader vun engem Appel à projets vum Umwelt- a vum Landwirtschaftsministère vum 16. Dezember 2021 sinn eng Rei vu Projeten eragereecht ginn. No enger Evaluatioun, déi praktesch ofgeschloss ass, wäerten déi Responsabel vun de Projeten an noer Zukunft matgedeelt kréien, ob hir Projeten do solle weider entwéckelt an ënnerstëtzt ginn oder net.

#### Victimes d'accidents de la route | Question 6325 (09/06/2022) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)

Laut de rezente Statistike vum Mobilitéitsministère gouf et am Joer 2021 21 déidlech Verkéiersaccidenter mat zesumme 24 Doudegen. Bei 7 vun den déidlechen Accidenter war Alkohol am Spill, a 4 Fäll waren et Drogen. An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister stellen.

– Wéi vill Alkohol- respektiv Drogekontrolle sinn tëschent 2018 an 2021 pro Joer gemaach ginn?  
• Wéi vill Kontrolle ware jeeeweils positiv?

– Am Géigesaz zu anere Länner däerf d'Police zu Lëtzebuerg just Kontrolle maachen, wann de Parquet se ordonéiert, respektiv wann d'Behuele vun de Chauffieren op Alkoholkonsum hindeit. Envisagéiert d'Regierung an deem Punkt eng Ännerung vum Gesetz?  
• Wa jo, géif esou eng Léisung och am Fall vun Drogekonsum gëllen?

– Wéi schätzt d'Regierung de Risiko an, dass et no der geplanter Legaliséierung vu Cannabis zu méi Accidenter kënnt, déi op Drogekonsum zréckzuféiere sinn?

#### Réponse commune (12/07/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Deen hei opgeféierten Tableau lëscht d'Zuel vun den Alkoholskontrollen an d'Unzuel vu de positiv kontrolléierte Chauffieren aus de Joren 2018–2021 op, mee ausschliisslech déi, déi vum Parquet ordonéiert goufen. D'Datebanke vun der Police erméiglechen net, mat enger automatiséierter Recherche erauszefannen, wéi vill zousätzlech Alkoholskontrollen am Kader vun normale Verkéierskontrollen (bei manifesten Unzeechen, déi op Alkoholkonsum hindeiten) oder bei Verkéiersaccidenter mat Verletzten duerchgefouert goufen.

Dat selwecht gëllt och fir Drogekontrollen, woubäi dobäi kënnt, dass hei net systematesch kontrolléiert gëtt, mee ausschliisslech bei manifesten Unzeechen, déi op de Konsum vun illegale Substanzen hindeiten, respektiv bei Verkéiersaccidenter mat Verletzten.

Déi niddereg Zuele vun de Joren 2020 an 2021 am Verglach mat de Jore virdru sinn duerch d'Covid-19-Pandemie bedéngt.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Wat d'Kontrollen ugeet, esou huet d'Regierung den 30. Mäerz vun deem Joer e Projet de loi op den Instanzwee geschéckt (PL N° 7985), dee virgesäit, genee wéi dat bei der Vitess an dem Alkohol haut och schonn de Fall ass, dass, wann een ënner d'Drogen- oder Medikamentenafluss gefuer ass, een direkt op

der Plaz de Förschäi kann ofgehooll kréien (retrait immédiat).

Wat d'Gefor vun der Legaliséierung vum Cannabis fir d'Stroossesécherheet ugeet, esou ass net dovunner auszugehen, dass et zu groussen Impakter wäert kommen. D'Fueren ënner Drogenafluss bleift, genee wéi haut och, verbueden. Eng Ännerung vum Code de la route ass also an deem Kontext am Moment net virgesinn.

#### Encadrement de l'ING Marathon | Question 6332 (10/06/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Den 28. Mee huet an der Stad erëm den ING Night Marathon stattfonnt. Ewéi bei all grousssem Event hunn och hei Leit vum CGDIS an der Police fir d'Sécherheet vun de Leeferinnen a Leefer an den Zuschauer gesuergt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir bannenzeg Sécherheet an Interieur dës Froe stellen:

1. Wéi vill Policebeamte waren op der Plaz, fir de Marathon ofzesécheren?
2. Wéi vill Mann/Stonnen erginn sech heirauss fir d'Police?
3. Wéi vill Leit vum CGDIS waren op der Plaz, fir de Marathon ofzesécheren?
4. Wéi vill Mann/Stonnen erginn sech heirauss beim CGDIS?
5. Wéi vill Prozent vun de Käschen vun de Mann\*Stonnen (50 Leit\*8 Stonnen = 400 Mann\*Stonnen), déi vun der Police geleescht goufen, si vum Organisateur iwwerholl ginn?  
Falls et keng 100 % sollte sinn, wéi héich sinn d'Käschen, déi de Staat hei muss selwer droen?
6. Wéi vill Prozent vun de Käschen vun de Mann\*Stonnen, déi vum CGDIS geleescht goufen, si vum Organisateur iwwerholl ginn?  
Falls et keng 100 % sollte sinn, wéi héich sinn d'Käschen, déi de Staat hei muss selwer droen?

#### Réponse commune (12/07/2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure | Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur

ad 1. an 2. Aus evidente Sécherheetsgrënn kënne keng Detailer vun engem Sécherheetsdispositif vun der Police public gemaach ginn. Dëst ass eng operationell Informatioun a läit an der Decisiounsbefugnis vun der Police.

ad 3. Nieft dem normalen Dispositif, dee souwiso all Dag an der Stad Lëtzebuerg an Ëmgéigend en place ass, hat de CGDIS fir den ING Marathon 243 zousätzlech Asazkräfte mobiliséiert (vum Logistiker bis zum Dokter). Donieft waren eng Rëtsch zousätzlech Moeien an hirem Asazenter (CIS) a Bereetschaft, dëst virun allem an de CISE ronderëm d'Stad.

ad 4. D'Fraen a Männer vum CGDIS hunn am Kader vum Marathon 2.397 Stonne geleescht (34 % duerch berufflech Mataarbechterinnen a Mataarbechter a 66 % duerch Fräiwëlleger). Net matgezielt ginn hei déi Abberzuel u majoritär Fräiwëllegen, déi Bereetschaftsdéngscht an hirem lokale CIS gemaach hunn.

ad 5. Eng intern Organisatioun tëscht den Unitéiten erméiglecht et, dass d'Polizisten de service op de verschiddene Plazen am Asaz kënne sinn. D'Iwwerstonnen, déi eventuell ufalen, ginn op d'respektiv Unitéite verbucht.

ad 6. Opgrond vu sengem Taxereglement hat de CGDIS Gesamtkäsche vu ronn 26.000 Euro, déi zur Hallschent vum Organisateur selwer bezuelt goufen. Deen aneren Deel krut d'Stad Lëtzebuerg am Kader vun enger



Demande de gratuité ugerechent. D'Taxereglement gesäit vir, dass d'Gemenge järelech bei Manifestatiounen (gestaffelt no Awunnerzuel) vun enger gewëssener Gratuitéit vum Dispositif de secours vum CGDIS kënnen profitéieren.

### Cybergrooming | Question 6333 (13/06/2022) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)

Representativen Zuele vum Nordrhein-Westfälisches Landesamt fir Medien no sinn an Nordrhein-Westfalen ongeféier 24 % vun den 8- bis 18-järege schonn a Kontakt mat Cybergrooming komm a goufen iwwer online Chatubidder ewéi Whatsapp oder Facebook Messenger vu Leit dozou opgefuerdert, sexuell Handlung vu sech selwer ze filmen an hinnen zoukommen ze loossen. An de meeschte Fäll ginn déi betraffe Kanner iwwert d'sozial Medien ewéi Facebook oder Instagram kontaktéiert, mee et kennt awer och ëmmer méi vir, dass d'Täter Chatforen a beléifte Videospiller benotzen, fir de Kontakt zu hiren Opfer hierzustellen.

An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Kommunikations- a Medieminister, un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, un den Här Minister fir Digitaliséierung, un d'Madame Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer an un den Här Minister fir bannenzeg Sicheerheet stellen:

1. Ass d'Regierung au courant vun den uewe genannten Zuele vum Landesamt fir Medien an Nordrhein-Westfalen?
2. Wëssend, dass d'Fäll vu Cybergrooming ëm 160 % an Däitschland während der Pandemie geklomme sinn, kann d'Regierung ons soen, wéi de Confinement sech op d'Evolution vum Cybergrooming ausgewierkt huet?
3. Huet d'Regierung änlech Statistiken ewéi déi vum Landesamt fir Medien an Nordrhein-Westfalen?
4. Wann nee, gedenkt d'Regierung driwwer no, eng representativ Ëmfro ënner Jugendlechen ze lancéieren, fir Statistiken iwwert d'Prevalenz u Fäll vu Cybergrooming ze erstellen?
5. Wéi geet d'Police a Fäll vu Cybergrooming vir?
6. Wéi gedenkt d'Regierung online Chatprovideren ze responsabiliséieren, fir méi geschlosse géint Cybergrooming virzegoen?
7. Wéi laang mussen online Chatprovideren Chatverleef späicheren, an deenen et zu Fäll vu Cybergrooming komm ass?
8. Fënnt d'Regierung, dass dës Zäit laang genuch ass?
9. Ass et scho virkomm, dass d'Police an engem Fall vu Cybergrooming net enquêtéiere konnt, well d'Date scho vum Provider gelöscht gi sinn?
10. Wéi vill Fäll vu Cybergrooming sinn der Police an der Regierung bekannt?
11. Gëtt d'Thematik vum Cybergrooming am Fach „Vie et société“ ugeschwat, fir d'Kanner op dës konkret Gefor am Internet opmierksam ze maachen?
12. Wëssend, dass d'Chatkanal vum online Videospiller ëmmer méi vun Täter benotzt ginn, fir a Kontakt mat hiren Affer ze kommen, wéi geet d'Police hei vir, fir Kanner viru potentiellen Täter ze schützen?

**Réponse commune** (28/07/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. bis 3. D'Regierung setzt sech zesumme mat hire sëllege Partner um Terrain a fir Kanner, déi Affer vu

Gewalt sinn, a bitt hinnen déi Hëllef, déi si brauchen an déi hinnen zousteet.

Niewent dem Afferschutz sinn d'Informatioun an d'Sensibiliséierung an all aner Instrumenter zur Preventioun vun deene verschiddene Formen vu Gewalt en essenzielle Pilier vun der multidimensionaler Approche vun der Regierung. D'Regierung ass beméit, e Maximum vu Leit zu Lëtzebuerg mat hiren Messagen ze erreechen an ze sensibiliséieren, fir dass dës Aarbecht en nohaltegen Impact huet.

D'Zuele vun de Justizautoritéiten sinn déi folgend:

(tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Säitens Bee Secure waren déi explizit genannt Zuelen net bekannt, mee et sinn aner Donnéeën an Zuelen iwwert de Grooming bekannt. Bee Secure analyséiert reegelméisseg Zuelen a Resultater aus vergläichbaren Ëmfroen, heizou gehéiere Publikatiounen ewéi de „Gefährdungsatlas“ vun der Bundesprüfstelle für jugendgefährdende Medien an och Studien, déi all Joer verëffentlecht ginn, ewéi d'„Kinder im Netz“ (KIM)-Studie a „Jugend im Netz“ (JIM)-Studie aus Däitschland oder och déi international „EU Kids Online 2020“-Studie mat Resultater vun Ëmfroen aus 19 Länner. Zousätzlech Resultater kritt Bee Secure vum Fuerschnetzwerk „EU Kids Online“, wat reegelméisseg relevant Zuelen a Fuerschnesresultater op hire Websäite publizéiert.

Als Deel vum Insafe Netzwierk steet Bee Secure als Safer Internet Centre vu Lëtzebuerg a reegelméissegem Austausch (Onlinemeetings, Konferenzen, Trainings, ...) mat den aneren europäesche Safer Internet Centern (Beispill: [klicksafe.de](http://klicksafe.de), [saferinternet.at](http://saferinternet.at), [webwise.ie](http://webwise.ie), [internetsegura.pt](http://internetsegura.pt)). Doduerch kënnen aktuell Trends schnell identifizéiert ginn an bsp. a Sensibiliséierungsaktiounen agebaut ginn. E wichtegen Outil fir dës Réseau ass d'CO:RE (Children Online: Research Evidence) Wëssensplattform zu Online-Erfarunge vu Kanner a Jonken.

Grooming ass en Thema, wat mat de Leit vun der Bee Secure Helpline ka beschwat ginn. Déi lescht dräi Joer (2019, 2020, 2021) goufen et zéng Kontaktopname bei der Bee Secure Helpline weinst dem Grooming bei engem Total vun 2.768 Kontaktopnamen. Dës Service gëtt also méi siele weinst Grooming kontaktéiert.

An der Police ginn déi spezialiséiert Enquêteure fir dee Beräich an hirer subjektiver Appreciatioun vun enger steigender Tendenz an der Unzuel vun den Affären an deene leschte Joren aus. Ob déi Steigerung direkt mat deem Confinement zesummenhängt oder ganz einfach ee gesellschaftleche Phänomen ass (ënner anerem féieren d'Leit méi séier Plainte a si besser opgekläert), kann d'Police net soen. Och ginn déi spezialiséiert Enquêteure vun enger gewësser Donkelziffer aus, déi awer net erfassst gëtt. Oft ass et och esou, dass an den Affäre vu Grooming och kënnen aner connexe Strofdote libelléiert ginn.

D'Victime kommen oft just bei d'Police, wa si guer keng aner Léisung méi gesinn, well dës Fäll immens delikat an intim sinn. Fir d'Affer ass et oft schwéier, sech hiren Eltere matzedeelen a bei d'Police ze goen.

Och Bee Secure geet beim Thema Grooming vun enger héijer Donkelziffer aus, well et eng thematesch Iwwerlappung mat Beräicher wéi „Sexting/Sextortion“, „ongewollt Kontaktopnam“ an „eCrime“ gëtt. D'Bee Secure Helpline spezifesch konnt net feststellen, dass sech méi Leit weinst Grooming duerch de Confinement gemellt hätten. Och bei den Interventiounen vu Bee Secure an de Schoule konnt keng Zounam vun deem Phänomen festgestallt ginn.

Wat Statistiken ugeet, huet Bee Secure dës Joer eng éischt Editioun vun engem Rapport iwwer Mediennotzungstrends vun de Jonken an de Jonken zu Lëtzebuerg ënnert dem Numm „Bee Secure Radar“ erausginn. An deem Kontext goufe Jonker tëschent 12 an 18 Joer gefrot, fir Onlinerisiken anzestufen. D'Kontaktopnam um Internet duerch Friemer gouf vun de befroete Jonken als e Risikofeld genannt. Se gesinn awer aner Risiken als méi present un: zum Beispill Cybermobbing, Desinformatioun, Hatespeech, Scams an Hacks.

Am Bee Secure Radar goufen och Eltere befrot, wat fir si en Onlinerisiko fir hir Kanner ass. De Grooming war fir 7 % vun den Eltere mat Kanner am Alter vun 3–11 a fir 4 % vun den Eltere mat Kanner am Alter vun 12–16 de bedeitendsten Onlinerisiko.

[www.bee-secure.lu/bee-secure-radar](http://www.bee-secure.lu/bee-secure-radar)

De Bee Secure Radar kennt ab elo all Joer am Februar eraus. Dësen eegent sech als Instrument, fir Statistiken iwwer verschidden Onlinerisiken ze erstellen. Grooming gëtt an deem Rapport thematiséiert. En cas de besoin kann e bestëmmt Risikofeld méi an de Fokus geholl ginn. Aktuell lafe fir déi nächst Editioun schonn Ëmfroen bei de Jonken a bei den Elteren. An dësen Ëmfroen gëtt no änlechen Theme gefrot.

ad 4. Niewent dem heidriwwer genannte Rapport ass d'Regierung amgaangen, eng Analys iwwert d'Situatioun vun der Offer an der Zesummenaarbecht vun den Hëllefsservicer fir Affer vu sexueller Gewalt, ënner anerem Cybergrooming, ze féieren. D'Zil vun dëser Analys ass et, d'Schwächen an d'Stärken vun eisem System ze erkennen an eventuell Verbesserungspisten oder zousätzlech Mesuren erauszeschaffen.

ad 5. Wann d'Police mat enger Enquête am Kader vu Cybergrooming säséiert gëtt, gëtt d'Enquête ënnert der Leedung vum Parquet/Untersuchungsrichter no de Reegele vum Code de procédure pénale ausgefouert.

ad 6. Déi genee Etendue vun der Responsabiliséierung vun den online Chatprovideren, wat d'Bekämpfung vum Cybergrooming an der ganzer EU ubelaangt, wäert vun deem zukünftege Reglement „Proposal for a Regulation laying down rules to prevent and combat child sexual abuse“, bei där d'Negociatiounen amgaange sinn, ofhänken.

Et sief awer bemierkt, dass aner Instrumenter, déi scho méi fortgeschritt um Instanzewege sinn, änlech Obligatiounen fir d'Chatprovidere solle virgesinn. An deem Sënn gesäit den „Digital Services Act“ (Proposal for a Regulation on a Single Market For Digital Services) schonn eng Rei generell Obligatiounen fir d'Chatprovidere vir, all illegale Contenu ze detektéieren, ze signaléieren an ze läschen.

Anerersäits dierf och net vergiess ginn, dass haut schonn all Entrave zu der Aarbecht vun de Justizautoritéiten am Kader vun enger Enquête (z. B. d'Läsche vun Tracen, Indizien a Beweiser), ka bestrooft ginn.

ad 7. an 8. Am Kader vun Enquête kënnen Chatverleef no de Reegele vum Code de procédure pénale säséiert ginn. Dës Donnéeën ginn da Bestanddeel vun der Affär an d'selwecht laang gehale wéi déi aner Piécken och.

ad 9. Et si scho Faite ginn, wou d'Enquête vun der Police net méi op Date vun de Providere konnt zéréckgräifen, well d'Donnéeën scho gelöscht waren. Dës erschweiert natierlech d'Beweisféierung enorm, mee eng Enquête gëtt trotzdem gemaach.

ad 11. D'Fach VIESO erlaabt et dem Léierpersonal an de Schüler/Schülerinnen, aus enger Panoplie vun Themaen an den eenzele Joergäng eng Auswiel vun Themaen ze tritéieren. D'Setze vum Schwéierpunkt ass dem Léierpersonal fräigestallt, ënnert der

Voraussetzung, dass déi didaktesch Grondsätz, déi vum Fach virgi sinn, agehale ginn. Déi digital Unterrechtsmaterialien am Fach VIESO bidden dem Léierpersonal eng Offer, déi fir d'Unterrechtsgestaltung kann, awer net muss genotzt ginn.

D'Theema Cybergrooming kann an där Hisiicht bannent verschiddenen Theemefelder traitéiert ginn, steet awer weeder als Theema u sech, nach als Begrëff explizitt um Programm. Trotzdeem kann d'Theema am Kader vun den Theemefelder, déi am Programm virgi sinn, op ënnerschiddleche Klassenniveauen traitéiert ginn.

Op 7<sup>e</sup> d'Theema

– Sozial Netzwerker an nei Medien: Ausdrucksformen an de Medien

Op 6<sup>e</sup>

– Léift ass ...? (behandelt an den Unterrechtsmaterialien „Sexting“)

Op 5<sup>e</sup>

– Manipulation vu Gruppen an Individuen

Op 4<sup>e</sup>

– Sexualitéit a Sexualeethik (mat „Sex am Internet“/„Sexualitéit a Verantwortung“ an den Unterrechtsmaterialien)

– Bezéiung a Selbstbestimmung

Op 3<sup>e</sup>

– Tabutheemaen an der Gesellschaft an an der Politik  
ad 12. Dee wichtegste Schutz fir potenziell Affär ass d'Opklärung vun de Jugendlechen an hiren Elteren. D'Eltere sollte sech och fir de Mediekonsum vun hire Kanner interesséieren.

Iwwert d'Referenzsätz „www.violence.lu“ gëtt iwwert déi verschidde Formen vu Gewalt, déi Fraen, Männer a Kanner betreffen, informéiert. Op dëser Plattform ginn och Informatiounen zu deenen neie Formen vu virtueller Gewalt wéi dem Sexting, dem Upskirting an dem Grooming, déi sech iwwert déi sozial Netzwerker an duerch déi nei Technologie verbreeden, a virun allem Kanner Jugendlecher betreffen, ugebueden.

**Indemnité de voyage** | Question 6334 (13/06/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Wann eng Persoun fir ee reegelméissegem Traitement muss an d'Ausland an net ka vun engem Taxi oder enger Ambulanz profitéieren, stinn hir vun der CNS 20 Cent pro Kilometer als Indemnité de voyage zou. Sait Mëtt 2021 klammen d'Energiepräisser esou, dass dës Indemnitéit déi Assuréiert ëmmer manner entlaascht.

An deem Zusammenhang wéilt ech dem Minister fir Sozialversécherung dës Froe stellen:

1. Wéi setzt sech den Tarif vun 0,20 €/km zesummen? Wéi eng Kritäre spillen hei eng Roll?

2. Sait 2015 ass d'Kilometergeld op 0,30 €/km festgehalen. Denkt de Minister, dass eng Vereenheetlechung hei géif Sënn maachen? Wéi vill géif dës Vereenheetlechung kaschten?

3. Ass de Minister der Meenung, dass d'Indemnité de voyage net misst reegelméisseg un de Stand vun den Energiepräisser no uewe respektiv no ënnen ugepasst ginn?

**Réponse** (26/07/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

De Montant vun 0,20 € de Kilometer, dee fir d'Reesindemnitéit virgesinn ass, ass e Forfait, deen onofhängeg vum Transportmëttel, dee vum Assuré gewielt gëtt, (ëffentlechen Transport, Privatauto, Covoiturage etc.) festgeluecht gëtt.

Betreffend d'Indemnitéit vun 0,30 €/km, déi den honorabelen Deputéierte mentionéiert, ass et wichteg ze präziséieren, datt déi Zoulag fir Déngschtrees mam privaten Auto virgesinn ass, esou ewéi am Règlement vun Regierungsrout vum 19. Juni 2015<sup>1</sup> festgehalen gouf.

Dës Zoulag ass net mat der Indemnitéit vun der Gesondheetskeess vergläichbar, déi am Artikel 132 7. Paragraph vun de Statute vun der Gesondheetskeess virgesinn ass, an e forfaitaire Remboursement vun der Prestatioun duerstelt.

D'Erhéijung vum aktuelle Montant vun der Reeszoulag vun 0,20 € op 0,30 € pro Kilometer wier eng Erhéijung vu 50 % vum Tarif pro gereeste Kilometer.

Am Joer 2019 louchen d'Käschte fir d'Reeszoulag déi vun der Krankenversécherung iwwerholl goufen (ausser bei speziellen Indemnitéite fir d'Reesen ausserhalb vun der Europäescher Unioun) bei 420.723,00 €. Wann een déi gläich Zuel un zeréckgeluechte Kilometer berecksiichtegt, géifen d'Gesamtausgaben all Joer op 631.085,00 € klammen.

D'State gi vum Verwaltungsrot vun der Gesondheetskeess etabléiert a kënnen prinzipiell zu all Moment adaptéiert gi falls eng Upassung néideg ass. Am Verwaltungsrot sëtzen och Verrieder vum Salarat, vum Patronat a vun de Fräiberuffer. Hei sief ze erwänen, datt am Verwaltungsrot vum 6. Juli 2022 d'Reeszoulag no uenen adaptéiert gouf.

Och muss präziséiert ginn, dat d'Reeszoulag fir den ëffentlechen Transport net ofgeschat gouf ewéi dës Gratis giinn ass. Hei sief och drop opmierksam gemaach, dat wann de Gesondheetszoustand et erlaabt, den ëffentlechen Transport an deene meeschte Fäll eng adequat Optioun duerstelt. Doriwwer eraus gëtt reegelméisseg analyséiert op Upassung vum der Preise en Charge néideg sinn, esou ewéi dat de 6. Juli 2022 vum CA vun der Gesondheetskeess fir d'Reeszoulag gemaach gouf.

**Secteur maritime luxembourgeois** | Question 6340 (14/06/2022) de **Mme Lydia Mutsch** (LSAP)

Si le Luxembourg n'a pas d'accès direct à la mer, force est de reconnaître qu'avec plus de 200 navires battant le pavillon au lion rouge et quelque 225 entreprises engageant environ 1.000 salariés, le secteur maritime s'est fortement développé depuis les années 1990.

La pandémie a engendré la mise en œuvre de restrictions sanitaires sur tous les continents à des périodes différentes, provoquant la fermeture de terminaux portuaires débouchant dans des ruptures d'approvisionnement. À cela s'ajoute que l'invasion de l'Ukraine par la Russie a fondamentalement bouleversé l'architecture en Europe et dans le monde, accentuant des problèmes d'infrastructure, de chaînes logistiques et de livraisons. Elle a également provoqué une hausse importante des prix de l'énergie.

Compte tenu des incertitudes et défis qui planent sur le secteur maritime, j'aimerais savoir de Monsieur le Ministre de l'Économie :

– Comment se présente la santé économique générale du secteur maritime luxembourgeois ?

– Quels sont les effets que le contexte international difficile a produit sur l'emploi dans le secteur maritime ? Monsieur le Ministre a-t-il eu connaissance de licenciements dans le secteur en raison du contexte international difficile ?

– Quelles sont les perspectives du secteur dans les années à venir ? Comment les incertitudes et

défis décrits se répercuteront sur le secteur au Luxembourg, spécialisé sur les activités de dragage et d'avitaillement ?

**Réponse** (12/07/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

Le secteur maritime se trouve actuellement en pleine évolution. En tant que maillon central de la chaîne logistique mondiale – environ 90 % des échanges commerciaux se font par voie maritime – le secteur continue de disposer d'excellentes perspectives d'avenir. Cependant, il lui faudra relever des défis considérables notamment au niveau environnemental, afin de substantiellement réduire l'empreinte énergétique des navires et, à terme, décarboniser l'ensemble du secteur. Dans ce contexte, l'extension des réseaux d'infrastructures, en particulier pour les infrastructures portuaires, constitue un autre défi de taille. Parallèlement, la transformation numérique, le recrutement et la formation d'une main d'œuvre qualifiée apte à contribuer à cet avenir demeurent des enjeux capitaux pour accompagner le secteur maritime dans sa phase de transition actuelle.

Face à la pandémie, le commerce maritime semble jusqu'à présent avoir fait preuve d'une certaine résilience : le transport par voie maritime a rebondi de 4,3 % en 2021 après avoir subi un rétrécissement de son activité de 3,8 % en 2020. Même si certaines prévisions pour le moyen terme étaient optimistes en début d'année, la guerre en Ukraine et le contexte géopolitique international très instable fragilisent les effets de cette reprise économique et font peser des incertitudes sur l'évolution de ce secteur et de l'économie en général. La montée inédite des prix des produits pétroliers et l'inflation galopante qui s'en suit ont encore accentué ces incertitudes.

Pour ce qui est de la perspective nationale, le secteur maritime luxembourgeois, traditionnellement moins tributaire de l'activité de commerce maritime, s'en est plutôt bien sorti. En effet, après avoir été contraint de procéder à des licenciements en début de pandémie, les perspectives en termes de chiffre d'affaires se sont rapidement améliorées avec l'assouplissement des restrictions sanitaires, ce qui a permis au secteur de retrouver un rythme de navigation plus favorable. Des entreprises maritimes luxembourgeoises ont d'ailleurs commandé de nouveaux navires qui devraient être livrés à moyen terme.

D'après les informations reçues, le secteur du dragage continue de bénéficier d'un carnet de commandes bien rempli. La récente immatriculation à Luxembourg du premier navire autonome sans équipage, le Beluga, par l'armateur Jan de Nul témoigne en outre de la capacité du secteur à se réinventer et à se positionner en proposant des solutions innovantes.

En outre, le Commissariat aux affaires maritimes, autorité de contrôle et de surveillance du secteur, a également pu observer :

– que le nombre de navires battant pavillon luxembourgeois est resté stable, en restant quasiment au même niveau depuis 2020 : actuellement 214 contre 212 en 2020 ;

– que les problèmes de rapatriement des marins liés à la pandémie se sont, notamment en raison des campagnes de vaccination, beaucoup améliorés en Europe. Même si une situation plus compliquée persiste en Asie, le commissariat n'a plus connu de cas d'extension de contrat significative depuis l'automne 2021. Il y a cependant lieu de remarquer que les armateurs luxembourgeois se plaignent de départs au sein de leur main d'œuvre. En effet, des quarantaines très longues et le rallongement de certains contrats poussent les marins hautement qualifiés à chercher des emplois plus attractifs à terre.

<sup>1</sup> Règlement du Gouvernement en conseil du 19 juin 2015 portant fixation de l'indemnité kilométrique pour les voitures utilisées pour voyages de service



De manière générale, le pavillon luxembourgeois devra, pour relever les défis susmentionnés, continuer à faire preuve de dynamisme et d'un sens de l'anticipation pointu pour ne pas se retrouver en perte de vitesse à moyen terme. La récente annonce de la mise en œuvre d'un plan action « green shipping », initiative qui sera développée conjointement par le Commissariat aux affaires maritimes et le Cluster maritime luxembourgeois, contribuera à positionner le secteur sur l'échiquier international.

Le Cluster maritime luxembourgeois, qui a d'ailleurs accueilli quatre nouveaux membres courant 2022, a pris la présidence des clusters maritimes européens (European Network of Maritime Clusters, ENMC) depuis cette même année, mettant ainsi en lumière le secteur maritime luxembourgeois sur la scène européenne.

Le projet de loi « MLC » n° 7329, en procédure législative depuis 1<sup>er</sup> juin 2018, constituera un autre élément déterminant pour que le pavillon maritime luxembourgeois puisse sereinement se tourner vers l'avenir.

#### Réforme fiscale | Question 6348 (15/06/2022) de Mme Diane Aehm (CSV)

An engem rezenten Interview an enger Lëtzebuerger Dageszeitung huet d'Madamm Finanzminister en vue vun der Steuerdebat, déi am Juli an der Chamber soll stattfannen, Folgendes gesot: „Auch wenn es in dieser Legislaturperiode nicht zur großen Steuerreform kommt, so habe ich bei meinem Amtsantritt mit meinen Mitarbeitern ausgelotet, welche Hebel wir dennoch bewegen könnten, und wir haben einen Katalog mit über 30 Maßnahmen zusammengestellt. Infolge des Ukraine-Krieges mit seinen budgetären und wirtschaftlichen Auswirkungen hat sich der Spielraum allerdings reduziert. Ich habe dennoch eine klare Vorstellung, was ich tun möchte, um beispielsweise verschiedene soziale Schichten sowie Alleinerziehende gezielt zu unterstützen [...]“. Ausserdem sot d'Madamm Minister: „[...] Soweit es die allgemeine Entwicklung zulässt, bin ich gewillt, etwas zu machen. Denn der Bedarf ist da [...]“.

Um Nationalkongress vun der Demokratescher Partei den 12. Juni 2022 huet d'Madamm Ministesch fir Famill och Positioun zur Steuerreform bezunn a Folgendes gesot: „Mat der DP wäert déi [Steuerreform] kommen. Mir wäerten de Steuersystem méi gerecht maachen och par rapport zu de Monoparentaux, zu de Wittmänner a Wittfraen. Mir musse kucken, dass individuell jidderee gekuckt an net par rapport zu senger Situatioun, wéi e mat engem aneren zesummelieft [...]“.

Den Här Premierminister huet op deem selwechte Kongress awer kloergestallt, dass et mat senger Partei kee Steueradeau op Kredit gëtt, verschidde Kéint ee vläicht net maachen: „Ech kann Iech just soen: Mat enger Demokratescher Partei wëlle mir alles evitéieren, fir dass déi Decisiounen vun haut virun allem Problemer fir muer gi fir déi nächst Generatiounen.“

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

– Kann d'Regierung eis matdeelen, ob si an dëser Legislaturperiod nach wëlle huet, eppes géint Steuerongerechtkeete vis-à-vis vun de Monoparentaux, Wittmänner a Wittfraen ze maachen?

– Wa jo, wéini wëll d'Regierung den deementsprechende Projet de loi deposieren?

#### Réponse commune (13/07/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

Déi zitëiert Aussoe vun deenen dräi Ministere widder-sprechen sech net an entsprechen der Regierungsposition, dass no der sozial gerechter Steuerreform

vun 2017 zousätzlech steuerlech Upassungen néideg sinn, fir de Lëtzebuergesche Steuersystem nach méi gerecht ze maachen.

Eng responsabel Budgetspolitik verlaangt allerdéngs, dass dës Upassungen nohaltig finanzéierbar sinn an net op Käschte vun den nächste Generatiounen ginn.

Esouwuel déi sëllegen Hëlfe, déi d'Regierung während der Pandemie en place gesat huet, fir de Leit an de Betriber finanziell ënner d'Ärm ze gräifen, wéi och d'Mesuren am Kontext vun der Präis- an Energie-deierecht hunn de Staatsbudget staark belastscht.

Geopolitesch an ekonomesch Facteuren, op déi Lëtzebuerg just ganz limitéierten Afloss huet, bréngen staark Ongewëssheeten op d'Evolution vun eisem Wirtschaftswesstem a soumat och vum Staatsbudget mat sech.

Et schéngt der Regierung dofir och ubruecht, den Debat zu dësem Sujet an der Chamber ofzawaarden, éier si definitiv Konklusiounen zitt.

#### Propositions du FMI concernant les impôts | Question 6350 (15/06/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

An engem Artikel vum 100,7 „Logement: IWF mécht Lëtzebuerg konkret Proposen“ vum 12. Juni 2022 gi verschidde Mesuren thematiséiert, déi den Internationale Währungsfond Lëtzebuerg virschléit. Niewent luewende Wieder mécht de Country Report No. 22/152 och op verschiddenen Émstänn opmierksam, déi en als deficitäre ugesäit. Nohuelbedarf géif et zum Beispill bei der Steuerreform vun 2017 ginn.

An deem Zesammenhang wëllt ech der Ministesch fir Finanzen dës Froe stellen:

1. Deelt d'Ministesch d'Meenung vum Internationale Währungsfond, dass d'Steuerreform sollt auslafe gelooss ginn? War dem Ministère am Virus vun dëser Reform bekannt, dass se staark Auswirkungen op d'Demande no Wunnraum géif auslösen?

2. Mat der Steuerreform vun 2017 kann een op e Steuerkredit zeréckgräifen ewéi op d'Méiglechkeet, d'Zinsen um Prêt ofzesetzen. Allerdéngs ass et den Ament net méiglech, e(n Deel vum) Loyer vu senger Steieren ofzesetzen. Och wann dës net am Koalitiounsaccord steet, wéi steet d'Ministesch zu dëser Optioun, déi d'Locataire entlaascht géif? Wat wier de fiskalen Impact vun esou enger Mesure?

#### Réponse (27/07/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Den honorabelen Deputéierte berëfft sech a senger parlamentarescher Ufro op een Artikel vum 100,7 iwwer „Logement: IWF mécht Lëtzebuerg konkret Proposen“ vum 12. Juni 2022. An deem vir genannten Artikel war erwänt ginn, dass duerch d'Steuerreform vun 2017 Steierkreditter geschaaft goufen an och d'Zomm vun den ofsetzbaren Zinsen erhéicht ginn ass. Laut den Auteurs vum 100,7 Artikel géif den IWF virschloen, déi Steiervirdeeler auslafen ze loosse, fir d'Demande no Wunnraum ze reduzéieren.

Dës Aussoe ginn net gedeelt an där Form, wéi d'Auteurs et schreiwen, an et ass besser, sech de genauen Ausdrock vum IWF-Rapport selwer als Basis ze huelen. De Rapport analyséiert zum Beispill net d'Steierkreditter fir Salariéen a Pensionnairen, déi am Kader vun der Steuerreform 2017 substanzuell geännert gi sinn. Et ass richtig, dass den IWF recommandéiert, dass een déi aktuell steuerlech Dispositiounen, déi am Kader vun engem Hauskaf spillen, méi cibléiere soll.

D'Regierung hält déi Recommendationen vum IWF eescht an analyséiert reegelméisseg déi steuerlech

Dispositiounen, déi een allgemeng ka kréien. Grad am Logement wäert d'Regierung duerch d'Reform vun der Grondsteuer an d'Aféierung vun enger Mobilisationssteuer weider Akzenter setzen, fir d'Offer ze stäerken.

Weider Mesur wéi zum Beispill d'Méiglechkeet, de Loyer oder een Deel dovunner steuerlech ofzesetzen, sinn, wéi den honorabelen Deputéierten a senger Ufro erwänt, net am Koalitiounsaccord virgesinn, an wäerten och net agefouert ginn.

#### Habitudes de voyage des Luxembourgeois | Question 6353 (15/06/2022) de M. André Bauler (DP)

No zwee Joer Pandemie ass et erëm méi einfach ze reesen. Och d'Lëtzebuerger buchen zurzäit erëm méi Reesen a ginn dofir och e gudden Deel vu hirem järeleche Revenu aus.

An deem Kader wollt ech dem Här Wirtschaftsminister folgend Froe stellen:

1. A wat fir eng Länner reesen d'Lëtzebuerger am dacksten a wéi laang halen si sech do am Duerchschnitt op?

2. Wéi ee Prozentsaz maachen d'Ausgabe fir d'Vakanz am Budget vun engem Stot hei zu Lëtzebuerg aus? Wéi héich ass dës Part am Budget jee no Akommeskategorie? Wéi huet sech dës Part zanter 2010 entwéckelt?

3. A wat fir engem Mooss huet d'Pandemie d'Reesverhale vun de Lëtzebuerger verännert?

#### Réponse (13/07/2022) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

ad 1. D'Quell fir dës Informatiounen ass d'Enquête zum Tourismus (Detailler zum Verlaf der Enquête ënner dem Link: <https://statistiques.public.lu/fr/enquetes/enquetes-particuliers/tourisme-conditions-vie.html>) a gi vum Statec a folgendem Tableau vollständig publizéiert: <https://statistiques.public.lu/dam-assets/fr/donnees-autres-formats/conditions-sociales/conditions-de-vie/C8300.xlsx>.

Déi zwee Tableaux heidränner weisen déi heefegst Zillänner fir Fräizäitreisen, also all Zorte vun Openthalt mat Iwwernuechtungen (Vakansen, Besuch bei Famill a Frënn, Sportsreesen asw.) mat Ausnam vu Geschäftsreesen. Geschäftsreesen stellen insgesamt 9 % vun de Reese mat Iwwernuechtungen duer.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Am Tableau heidränner ginn d'Destinatiounen fir Geschäftsreesen duergestallt. Déi véier Haaptdestinatiounen sinn déi selwecht wéi fir Fräizäitreisen. 2021 haten d'Geschäftsreesen eng duerchschnëttlech Dauer vu fënnf Nuechten.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 2. D'Quell fir dës Informatiounen ass d'Enquête zum Budget vun de Stéit. (Enquête budget des ménages, Detailler zum Oflaf vun dëser Enquête: <https://statistiques.public.lu/fr/enquetes/enquetes-particuliers/budget-menages-conditions-vie.html>)

Dës Enquête no haten d'Lëtzebuerger Stéit am Joer 2021 an den zwielef Méint virun der Enquête an der Moyenne ongeféier 2.200 Euro fir Reesen ausginn. Dës Montant enthält d'Ausgabe fir Transport, Iwwernuechtungen, Zier a Fräizäitaktivitéiten am Zesammenhang mat Reesen zu Lëtzebuerg oder am Ausland. Bei dëser Berechnung ass et net méiglech, tëschent Reese fir Fräizäit, Geschäftsreesen oder Besuch bei Famill oder Frënn ze ënnerscheeden. 2020 an 2019 hunn dës

Ausgabe fir Reese ongeféier 4.200 Euro ausgemaach. D'Zuele fir 2021 weisen also den Impakt vun der Restriktionen am Kader vun der Covid-19-Pandemie.

Ausgedréckt als Prozentsatz vun der Stéit hire gesamten Ausgaben hunn d'Ausgabe fir Reesen 2021 am Duerchschnitt 4,3 % duergestallt, awer 2019 an 2020 méi wéi 8 %. Méi wuelhabend Stéit ginn am Duerchschnitt e méi héijen Undeel vun hirem Budget fir Reesen aus wéi Stéit mat engem méi niddregem Akommes. 2020 hunn déi 10 % räichste Stéit méi wéi 16 % vun hirem Budget fir Reesen ausginn, am Verglach zu 4 % fir déi 10 % vun der Stéit mam niddregsten Akommes. Am Joer 2021 ass dësen Ecart méi kleng gewiescht (2,6 % fir Stéit mat niddregem Akommes a 6 % fir räich Stéit), och dëst ass mam Impakt vun der Covid-19-Pandemie verbonnen.

Zanter 2010 ass de generellen Trend, dass Ausgabe fir Reesen eischter an d'Luucht ginn: si louchen 2010 am Duerchschnitt bei 3.360 Euro pro Stot an 2015 bei iwwert 3.800 Euro.

ad 3. D'Unzuel vu Reese mat Iwwernuechtunge fir 2021 läit bei 76 % vun der Unzuel vu Reese mat Iwwernuechtunge fir 2019 a bei 62 % vun där fir 2020.

D'Pandemie huet déi dräi Typen vu Reesen net d'selwecht beaflosst. D'Unzuel vun Iwwernuechtunge vum Joer 2021 am Verglach zu 2019 läit bei:

- 35 % fir Geschäftsreesen
- 86 % fir Fräizäitreesen, dodrënner:
  - 73 % fir Vakanzen
  - 115 % fir Besuch bei Famill a Frënn.

D'Geschäftsreise sinn an der Pandemie also staark erofgaangen. D'Zuel vun der Geschäftsreise pro 100 Awunner, déi schaffen, ass am zweeten Trimester vum Joer 2020 staark gefall am Verglach zum zweeten Trimester 2019 (vu 57 op 5 Reese pro 100 Beschäftegter). E Réckgang gëtt et fir déi dräi Typen vun Openthalter (Geschäftsrees, Vakanz, Besuch bei Famill oder Frënn), awer nëmme fir d'Geschäftsreesen ass dëse Réckgang an den Trimesteren dono weiderhi festgestallt ginn. Am leschten Trimester 2021 war de Vir-Krisen-Niveau nëmme zur Hallschent erëm erreicht (18 Reese pro 100 Beschäftegter am Verglach zu 39 zwoe Joer virdrun). Déi duerchschnëttlech Dauer vun der Geschäftsreesen ass 2020 an 2021 eropgaangen, vun 3,4 Iwwernuechtungen am Joer 2019 op 4,7 am Joer 2020 a 5 am Joer 2021.

Reese fir Besuch bei Famill a Frënn sinn nëmme wéineg vun der Covid-19-Kris beaflosst ginn. Et konnt nëmme e liichte Réckgang am zweeten Trimester 2020 festgestallt ginn. Zanterhier ass d'Zuel vun esou Reesen um Niveau vum Joer 2019 bliwwen, an ass souguer zanter dem Summer 2021 iwwert deem Niveau.

Ofschléissend kann ee soen, dass d'Vakanzenopenthalter grad ewéi d'Geschäftsreesen vun der Covid-19-Kris schwéier getraff gi sinn. Och wann de Réckgang vun der Reesen an de Wochen nom Ufank vun der Pandemie immens grouss war, ass den Tourismus am Summer awer 2020 erëm ugelaft. Den Hierscht, de Wanter an d'Fréijoer dono si vun der Mesuren, fir d'Pandemie ze bekämpfen, weider beaflosst bliwwen. Et kann ee soen, datt d'Hallschent vum Tourismus net stattfonnt huet. Zanter dem Summer 2021 gëtt awer erëm bal sou vill gereest wéi virun der Covid-19-Pandemie.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

#### Pénurie de cannabis médical | Question 6356 (15/06/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Den 11. Mee hunn ech eng Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch zum medezinnesche Cannabis gestallt. An dëser Fro hunn ech mech no den

disponibele Quantitéiten vu Cannabisbléien an Ueleg informéiert. D'Ministesch huet an hirer Äntwert Quantitéiten genannt a gesot, dass et säit Dezember 2021 net méi zu Rupturen de stock komm wier. Mir leien Informatiounen vum CHL an dem CHEM vir, déi soen, dass keng Bléie mat 18 % THC-Gehalt a keen Ueleg u Patienten distribuéiert ginn.

An deem Zusammenhang wëllt ech der Gesondheetsministesch dës Fro stellen:

1. Wéi erkläert d'Madamm Ministesch dës Aussoe vum CHL a CHEM?

2. Wéini wäerten déi ronn 22 kg Cannabis, déi laut Ministère am Stock si mat 18 % THC-Gehalt un d'Patienten distribuéiert ginn?

3. Wéini wäerten déi ronn 300 Flacons Ueleg, déi laut Ministère am Stock sinn, un d'Patienten distribuéiert ginn?

**Réponse (13/07/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

ad 1. Et ass richteg, dass aktuell keng Cannabis-Ueleg distribuéiert ginn. THC-18 %-Cannabis-Bléie ginn allerdéngs nach ëmmer weiderhin ausgelievert.

ad 2. De Stock gëtt aktuell schonn un d'Patienten ausgelievert.

ad 3. Et ass aktuell keen Datum dofir virgesinn, well nach op Analyse vun der Produite gewaart gëtt. Mir ginn dovunner aus, dass een am August mat der Verdeelung vum Ueleg kann ufänken, dëst ënner der Konditioun, dass d'Analysen all an der Norm sinn.

#### Taux de TVA réduits | Question 6357 (15/06/2022) de Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)

La directive du Conseil (UE) 2022/542 du 5 avril 2022 a effectué des changements aux dispositions européennes concernant la TVA. Elle a notamment élargi de manière assez conséquente la liste des produits qui peuvent bénéficier de taux de TVA réduits et ceci, selon la directive, « afin de permettre l'application de taux réduits dans un nombre limité de situations spécifiques pour des raisons sociales, au bénéfice du consommateur final et dans le cadre de la poursuite d'un objectif d'intérêt général ». De tels allègements peuvent en effet soulager les ménages dont le pouvoir d'achat est fortement sous pression en ce moment.

Ont été ajoutés à cette liste, en guise d'exemple, les produits d'hygiène absorbants, la livraison et l'installation de panneaux solaires sur des logements privés, les prestations de services de réparation d'appareils ménagers, les vêtements et chaussures pour enfants, la livraison de sièges d'enfant pour voitures automobiles, les services de location et de réparation des bicyclettes, ou encore les services juridiques fournis aux personnes sous contrat de travail et aux chômeurs dans le cadre de procédures devant une juridiction du travail.

Sont également ajoutés au champ d'application des taux réduits la livraison d'électricité, le chauffage urbain et le refroidissement urbain, le biogaz produit selon certains critères, la livraison et l'installation de systèmes de chauffage à haut rendement et à faibles émissions, ainsi que, jusqu'au 1<sup>er</sup> janvier 2030, la livraison de gaz naturel et de bois de chauffage.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances :

1) Est-ce que Madame la Ministre envisage des réductions des taux de TVA sur certains produits et/ou services ?

2) Dans l'affirmative de la question 1, est-ce que Madame la Ministre envisage d'exploiter toute la latitude offerte par la directive susmentionnée ? Sinon, est-ce que Madame la Ministre peut me faire part de la liste des produits et services qui feront l'objet d'une baisse de la TVA ?

3) Toujours dans l'affirmative de la question 1, Madame la Ministre peut-elle m'informer du calendrier de la mise en pratique de ces changements ?

4) Dans la négative de la question 1, Madame la Ministre peut-elle me donner les raisons pour lesquelles une baisse de la TVA sur certains produits et/ou services n'est pas envisagée ?

**Réponse (27/07/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances**

Comme l'indique l'honorable Députée, l'annexe III de la directive 2006/112/CE du Conseil du 28 novembre 2006 relative au système commun de taxe sur la valeur ajoutée a été réformée par la directive du Conseil (UE) 2022/542 du 5 avril 2022.

Cette annexe reprend les prestations de services et livraisons de biens pouvant bénéficier de l'application de taux réduits de TVA.

Actuellement, au Grand-Duché il existe trois taux de TVA réduits, à savoir le taux intermédiaire de 14 %, le taux réduit de 8 % et le taux super-réduit de 3 %.

Le taux intermédiaire de 14 % s'applique à 7 catégories de prestations de services et livraisons de biens, le taux réduit de 8 % s'applique à 9 catégories de prestations de services et livraisons de biens, et finalement le taux super-réduit de 3 % s'applique à 21 catégories de prestations de services et livraisons de biens. La liste des prestations de services et livraisons de biens concernés se trouvent dans les annexes A, B et C de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée.

Il y a ainsi lieu de relever que les services de réparation de bicyclettes, de chaussures et d'articles de cuir ainsi que les retouches de vêtements et de linge de maison, de même que le gaz liquéfié ou à l'état gazeux, propres au chauffage, à l'éclairage et à l'alimentation de moteurs, l'énergie électrique, la chaleur fournie au moyen d'un réseau de chauffage et le bois destinés au chauffage sont actuellement déjà soumis au Luxembourg au taux réduit de TVA de 8 %. Les vêtements, coiffures, écharpes, gants et chaussures pour enfants âgés de moins de 14 ans ainsi que les produits d'hygiène absorbants sont soumis au taux super-réduit de 3 %.

Alors que la directive prévoit que les États membres peuvent appliquer un taux super-réduit à seulement 7 catégories, le Luxembourg bénéficie d'une dérogation particulière qui l'autorise à maintenir toutes les catégories qui bénéficiaient au 1<sup>er</sup> janvier 2021 du taux super-réduit de 3 % jusqu'au 1<sup>er</sup> janvier 2032.

À partir de 2032, seules 7 catégories peuvent bénéficier du taux super-réduit, et le Luxembourg devra donc abandonner l'application du taux super-réduit à bon nombre de catégories qui en profitent actuellement.

La directive prévoit également un nombre limité de catégories pouvant bénéficier du taux réduit, faisant que l'application du taux réduit de 8 % est limitée à 24 catégories.

Outre l'application déjà très large des taux réduits et du taux super-réduit au Luxembourg, la directive donne de nouvelles options additionnelles, comme notamment l'extension de l'application du taux réduit de 8 % aux services de réparation d'appareils ménagers ou d'y inclure également les services de location de bicyclettes ou la livraison et l'installation de panneaux solaires sur des logements privés.



Les options et modalités supplémentaires par rapport à ce qui est déjà en place au Grand-Duché sont à l'étude. Le Gouvernement analysera par ailleurs, comme proposé dans la motion relative à la simplification et à la modernisation du système fiscal, adoptée par 52 voix par la Chambre des Députés lors de la séance publique du 14 juillet 2022, l'opportunité d'adapter le taux de taxe sur la valeur ajoutée sur certains biens et services en raison de la directive (UE) 2022/542 du Conseil du 5 avril 2022, pour soutenir la transition énergétique et l'économie circulaire.

#### **Pénurie de vétérinaires** | Question **6363** (16/06/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

An eisen Nopeschlänner gëtt et zum Deel en akute Mangel u Veterinären. An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

1. Wéi vill Veterinäre gëtt et insgesamt zu Lëtzebuerg?
2. Wéi vill Veterinäre praktizéieren?
3. Wéi vill Veterinäre sinn am Beräich Groussvéi aktiv a wéi vill am Beräich Hausdéieren?
4. Geet d'Zuel vun den aktive Veterinäre fir eng adequat Prise en charge vun den Déieren duer?
  - Wann nee, wat fir Konsequenzen huet de Mangel u Veterinäre fir d'Versuergung vun den Déieren insgesamt?
  - Ass d'Versuergung vum Groussvéi am Agrarsektor nach garantéiert?
  - Wat wëllt d'Regierung géint dës Penurie maachen?

**Réponse** (15/07/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Am Regëster hu mir 498 Veterinären enregistréiert, déi eng Aarbechtszuel zu Lëtzebuerg hunn.

ad 2. an 3. Laut Regëster sinn zu Lëtzebuerg 286 Veterinären aktiv, dovun sinn der 43 als Fonctionnaire resp. Employéen ugestallt an 243 schaffen an enger Praxis. Dovun sinn 170 Veterinäre fir kleng Déieren, 17 fir Päerd a 56 fir Notzdéieren (Ranner, Schwäin, Schaf a Geesen, Geflügel).

ad 4. D'Zuel vun de praktizéierende Veterinäre geet net duer, mee trotz allem ass d'Versuergung vun den Déiere sécher gestallt, bedéngt duerch den onermiddlechen Asaz vun de Veterinären, déi doduerch vill Aarbechtsstonden a Kaf huelen.

– Während d'Versuergung vun den Déiere während den normale Bürosstonden garantéiert ass, gëtt et mat der ablécklecher Zuel vu Veterinären ëmmer méi schwéier, e Garde-System 24 Stonnen/7 Deeg oprechtzuerhalen. Dës géllt besonnesch fir d'Veterinärskliniken. Dat huet zur Folleg, dass verschidde Veterinären net nëmmen daagsiwwer, mee och nuets schaffen müssen, an dat och de Weekend an op Feierdeeg. Hei bleift dann net vill Fräizäit, wat en negativen Afloss op d'Work-Life-Balance huet, soudass e gewësse Prozentsaz vu Veterinären hire Beruff fréizäiteg opginn, fir anere berufflechen Aktivitéiten nozagoen.

– D'Penurie vu Veterinäre bezitt sech op déi verschidde Beräicher vun der Veterinärsmédezin, mee ass besonnesch gepräagt am Groussdéiereberäich, well hei vill Asaz gefrot ass, an dat zu egal wéi enger Stonn vum Dag inklusiv de Weekend an d'Feierdeeg. Och wann am Moment déi medezinnesch Versuergung vun den Notzdéieren nach garantéiert ass, sou muss een awer no Léisunge sichen, fir dass dat an Zukunft esou bleift.

– Een éischte Schrëtt vun der Regierung war deem, dass d'Veterinärspraktiker fir d'Garden, déi si maachen, finanziell vum Staat entschidegt ginn. Dës

Entscheidung muss an Zukunft den neie Gegebenheiten vun der Präisinflatioun ugepasst ginn.

Am Beräich vun der Médezin vun den Hausdéiere gëtt sech Gedanken gemaach iwwert d'Aféierung vu Maisons médicales vétérinaires, wéi se och an der Humanmédezin funktionéieren, wat de Cliniques vétérinaires géif erlaben, sech op déi méi komplizéiert Fäll ze konzentrieren.

#### **Passage de l'enseignement fondamental à l'enseignement secondaire** | Question **6365** (16/06/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

All Joer schreiwen d'Primärschoulschüler um Enn vum Cycle 4.2 d'Epreuve vum PFS (Passage de l'enseignement fondamental à l'enseignement secondaire). D'Resultater vun dësen Epreuve fléisse mat an d'Entscheidung an, a wéi een Enseignement secondaire e Kand vum Léierpersonal an den Elteren orientéiert soll ginn. Wann d'Elteren an d'Léierpersonal sech net eens gi bei dëser Entscheidung, kann eng Orientierungskommission aberuff ginn, déi dann eng Entscheidung trifft.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir Bildung dës Froe stellen:

1. Wéi oft ass an de leschte fënnf Joer esou eng Kommission aberuff gi pro Schouljoer?
2. Wéi oft pro Joer gouf an de leschte fënnf Joer vun der Orientierungskommission eng Entscheidung getraff, déi der Meenung vum Léierpersonal entsprach huet, a wéi oft där vun den Elteren?
3. Gëtt no de Sëtzunge vun der Orientierungskommission e Suivi gemaach, fir ze kucken, ob déi concernéiert Kanner no der Orientierung an de Lycée d'Filière nach wiesselen, well se entweder besonnesch gutt Notten oder awer Schwierigkeiten hunn?
  - Falls jo: Wéi vill Kanner, fir déi eng Orientierungskommission aberuff gi war, hunn an de leschte fënnf Joer pro Joer hir Filière am Lycée nach gewieselt (z. B. vum Enseignement secondaire général op den Enseignement secondaire classique oder ëmgedréint)?
  - Falls nee: Gedenkt de Minister, an Zukunft dës Suivi ze maachen, fir den Outil vun der Orientierungskommission besser evaluéieren ze kënnen?

**Réponse** (04/08/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. an 2. Mat Bléck op den Total vun den Orientatiounen vun de Schülerinnen a Schüler aus dem Enseignement fondamental an dem Enseignement secondaire um Enn vum Cycle 4 konnten déi pedagogesch Equippen an d'Elteren nëmmen an enger ganz gerénger Unzuel vu Fäll (manner wéi 1 %) keng gemeinsam Orientatiounsdecisioun huelen, wouduerch dës Decisioun duerch eng Orientierungskommission huet misse getraff ginn:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

ad 3. No Ofschloss vun der Orientatiounsprozedur soll et fir de Lycée, an deem déi concernéiert Schülerinnen a Schüler ageschriwwen ginn, net ersichtlech sinn, datt d'Decisioun vun der Orientierungskommission geholl gouf an et entspréchend keen Accord zwëschen der Decisioun vun den Elteren an där vun der Equipe gouf. Um Niveau vun der Inscriptioun an de Secondaire ginn am Sënn vun der Gläichbehandlung bei de Schüler, bei deenen d'Decisioun vun der Orientierungskommission geholl gouf, keng zousätzlech Informatiounen ofgeruff.

#### **Fermeture de distributeurs de billets** | Question **6366** (16/06/2022) de **M. Max Hengel** | **M. Léon Gloden** | **Mme Octavie Modert** (CSV)

Eisen Informatiounen no sollen an noer Zukunft de Bankautomat vun der Post an d'Filial vun der Raiffeisen Bank zu Iechternach zougemaach ginn. De Bankautomat gëtt anscheinend opgrond vun de rezenten Iwwerfall op sou Automaten zougemaach. Dat wär, nodeems vill Servicer am ruralen an am urbane Raum am Osten net méi oder net méi sou vill ugebuede ginn, e weideren Nodeel a puncto Déngschtleeschunge fir d'Bierger an deem Bezierk a besonnesch am Raum Iechternach. Dobäi kennt jo och nach, dass een an de Banke selwer oft keng Sue méi kann ophiewen. Och wa Sprengungen un Automaten stattfonnt hunn, däreft de Rechtsstaat net an d'Knée goen an dës elementar Servicer musse garantéiert bliwen.

An deem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Madamm Finanzministesch richten:

– Kann d'Madamm Ministesch dës Informatiounen confirméieren?

– Wa jo, wat sinn d'Ursaachen dofir? Spillen déi rezent Iwwerfall eng Roll?

– Wa jo, wéi steet d'Madamm Ministesch dozou?

– Wéi gesäit d'Madamm Ministesch d'Entwécklung vum Réckgang vu verschiddene Services de proximité am ländleche Raum? Wéi wëllt d'Regierung géint dës Entwécklung virgoen?

**Réponse** (18/07/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N° 5984 vum 24. Mäerz 2022 erkläert gouf, handelt et sech bei der Reouverture oder definitiver Schléissung vu Bankomaten no engem Iwwerfall ëm kommerziell Decisiounen, déi vun de verschiddene Banke selwer geholl ginn. Et gëtt dowéinst och keng zentraliséiert Erfaassung vun der Ouverture voire Schléissung vu Bankautomaten uechtert d'Land.

Méi allgemeng kann een awer observéieren, datt en Deel vun de Bankomaten, déi säit 2018 gesprengt goufen, erëm opgemaach hunn an aner net. D'Decisioun fir d'Reouverture oder d'definitiv Schléissung vu Bankomaten gëtt vun de Banken op Basis vun enger ganzer Rei Critère geholl, d. h. dës Decisiounen sinn net ausschliesslech op Iwwerfall oder Sprengungen zeréckzeféieren.

Wéi och schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5965 vum 22. Mäerz 2022 erkläert gouf, ass d'Police säit Joren a permanentem Kontakt mat der Bankenassociatioun ABL, fir de „Protocole d'accord sur la sécurité dans les banques“ weider unzepassen. Den nationale Präventiounsservice vun der Police mécht esou Recommandatiounen iwwert déi verschidde Méiglechkeeten, wéi een e Geldautomat séchere kann, an dat an enker Zesummenaarbecht mat der ABL.

Et ass och ze bemerken, datt zu Lëtzebuerg d'Zuel vu Bankomaten 2020 bei 107 Stéck pro 100.000 Erwuesener louch, wat wäit iwwert der Zuel an der Eurozon läit, wou ronn 64 pro 100.000 Erwuessener vun der Weltbank gezielt ginn. Zu Lëtzebuerg ass dës Zuel och iwwert déi lescht 15 Joer relativ konstant bliwwen.

#### **„Klima-Biergerrot“** | Question **6369** (17/06/2022) de **M. Paul Galles** | **M. Max Hengel** | **Mme Diane Aehm** (CSV)

De 15. an de 16. Juli goufen zwee Artikelen am „Quotidien“, déi d'Funktionsweis vum Klima-Biergerrot

kritisieren, publiziert („Des citoyens d'égus, le débat reporté“, „C'était ambitieux, mais réalisable“). Der Biergerrot soll jo méttels Reunionen mat Experten erausfannen, ob Lëtzebuerg genuch géint de Klimawandel mécht oder ob et zousätzlech Moosnamen braucht, a wa jo, déi Moosnamen ze identifizieren. Sou können nei Impulser gesat ginn, déi der Gesellschaft hëllef kennen, der Klimakris méi effektiv entgéintzewirken.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Ëmweltministesch stellen:

- Kann d'Regierung déi zwee Artikele confirmieren?
- Kann d'Regierung de Frust vun de Participante verstoen?

- Wa jo, wéi wëllt een dem entgéintzewirken, fir dass et keen Echec gëtt?

- Wéi vill Experte ware bis dato an de Reunionen involviert? Wéi vill vun dësen Experten schaffen op engem Ministère oder an enger parastaatlecher Organisation?

- Wien huet den aktuelle Planning opgestallt? Firwat war deen esou enk bemooss mat sechs Méint?

- Ginn Ännerungen um Planning gemaach? Wann nee, firwat? Wa jo, wéi eng?

- Wéi eng Léiere ginn aus dëser Geschicht gezunn am Bezuch op zukünftige Biergerbedeelegung?

**Réponse commune** (04/07/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

De Klima-Biergerrot gouf an d'Liewe geruff, fir doriwär ze deliberieren, ob Lëtzebuerg am Kampf géint de Klimawandel kann a wëllt méi wäit goen, a mat wéi enge Moosnamen dat kéint geschéien. De Klima-Biergerrot ass als Projet fir Bierger-Participation esou opgestallt ginn, dass déi ausgewielte Bierger hir Propositionen esou onofhängeg wéi méiglech ausschaffe kënnen. Dofir hunn déi concernéiert Ministere decidéiert, sech vun Ufank un aus den alldieglechen Aarbechte vum Klima-Biergerrot erauszhalen.

TNS ILReS ass dermat beoptraagt ginn, d'Memberen esou auszewielen, dass de Klima-Biergerrot esou representativ wéi méiglech d'Lëtzebuergesche Populatioun erëmgëtt. D'Virbereedung, d'Begleitung a Betreuung, an d'Restitution vum den Aarbechte sinn an enger Ausschreiwung un zwou extern Entrepreneuren – Pétillances SARL an Oxygen & Partners SA – mat dem entsprecheenden Knowhow an dësem Beräich ofgetruede ginn, nodeems si zesummen op d'Ausschreiwung geäntwert haten. Gläichzäiteg ginn d'Aarbechte vum Klima-Biergerrot vun engem onofhängege Comité d'accompagnement begleet, dee sech aus zéng nationalen an internationale Fuerscher, Experten an Uni-Professoren am Beräich vun der politescher Biergerbedeelegung zesummesetzt. D'Zesummesetzung vum Comité d'accompagnement kann um Internetsite vum Klima-Biergerrot consultéiert ginn. D'Regierung huet och eng Konvention mat der Uni Lëtzebuerg ofgeschloss, fir de Projet wëssenschaftlech ze begleeten an no der Finalisatioun opzebereeden, fir esou wäertvoll Schlësser fir eventuell zukünftige Participationsprojeten ze zéien.

D'Regierung huet déi folgend Äntwerten op d'Froen vun den honorabelen Deputéierten mat den uewe genannten Entrepreneuren an dem Comité d'accompagnement koordinéiert, déi hiren Accord zu dësen Äntwerten ginn hunn.

- Allgemeng ass feststellen, dass den éischten zitiererten Artikel op Aussoe vun zwee anonymen Memberen vum Klima-Biergerrot baséiert. Dës Aussoen

entsprechen zum Deel faktuell net der Realitéit, an doriwär eraus gëtt hir generell Positioun zum Prozess vun enger grousser Majoritéit vun de Memberen och net gedeelt. Dës hunn eng sëllege Membere vis-à-vis vun den Organisateuren, intern – op enger interner Kommunikationsplattform vum Klima-Biergerrot – an ëffentlech – a Form vu Kommentaren ënnert der Onlineversioun vum Artikel – zum Ausdrock – ruecht. D'Regierung wëllt och ervirhiewen, dass eng Rei am Artikel kritiséiert Virgänger vun de Memberen selwer an internen Ofstëmmungen guttgeheescht goufen. Prinzipiell hunn d'Memberen vum Klima-Biergerrot zu all Moment Afloss op d'Aart a Weis, wéi si hir Aarbechten organisieren, a virun allem Entscheidungsfräiheet iwwer hir inhaltlech Propositionen.

Am zweeten zitiererten Artikel kommen d'Organisateuren an zwee Memberen vum Comité d'accompagnement zu Wuert. Déi Befroten hunn der Regierung ze verstoe ginn, dass si zousätzlech, net am Artikel zitiiert Aussoe gemaach hunn, déi Kriticken aus dem éischten Artikel widerleeën.

Déi concernéiert Ministère goufe weeder am Virfeld, nach no der Publikation vun deenen zwee Artikele vun der Journalistin kontaktéiert.

- D'Regierung wëllt am Numm vun den Organisateuren an dem Comité d'accompagnement nach eng Kéier drop hiweisen, dass den zitiererten Artikel kengesfalls d'Meenung vun all de Memberen vum Klima-Biergerrot erëmispigelt, mee sech just op d'Aussoe vun zwee anonymen Memberen baséiert. Ganz am Géigendeel, fille sech vill Memberen vun dësem Artikel net representéiert. Et ass ganz normal, dass et während engem Projet, wéi dem Klima-Biergerrot mat 100 Participanten, souwéi an all demokrateschem Prozess, zu Oneenegkeete par rapport zum Prozess, zur Methodologie an och zu Konflikter op inhaltlechen Diskussiounen kënn. Dës Konflikter konnten intern geléist ginn an hunn zu kenge grössere Problemer gefouert. Am Fall vun zwee Memberen hu sech dës Konflikter alldéngs op d'Interaktion mat den Organisateuren a mat verschiddenen Experten, wéi och op d'Zesummeschaff vum Klima-Biergerrot ausgewierkt. Doropshi goufen dës zwee Memberen no Consultation mam Comité d'accompagnement vun der Organisation verwarnt a gebieden, hirt Behuelen ze änneren.

Prinzipiell ass et esou, dass den Input an d'Wënsch vu Memberen, wat d'Organisation vun den Aarbechten ubelaangt, gehéiert, eescht geholl a wa méiglech berécksiichtegt goufen a ginn. Sou ass et während dem ganze Prozess ëmmer erëm, an Ofsprooch mam Comité d'accompagnement zu klengeren a grösseren Upassungen komm. Sou sinn zum Beispill op Wönsch vun de Memberen zousätzlech Echängé mat Experten organiséiert ginn an et gouf gemeinsam decidéiert, sech op déi deliberativ Aarbecht am Biergerrot ze konzentrieren a bis zur Presentatioun vun de Propositionen medial net ze kommunizéieren. Eng aner grouss Ännerung betrëfft d'Verlängerung vum Projet insgesamt, déi fir d'Éischt op Wönsch vu verschiddenen Memberen an op Recommendation vum Comité d'accompagnement proposéiert gouf, an da vum Klima-Biergerrot diskutéiert an decidéiert ginn ass.

- An der Phas 1 vum Projet Klima-Biergerrot an de Méint Februar bis Juni sinn insgesamt 63 national an international Experten intervenéiert, dës während de Visiten um Terrain, den Online-Presentationen a Froerinnen an den Aarbechtsweekender, fir de Memberen vum Klima-Biergerrot e méiglechste breede Kontext, Informatiounen an Erklärungen iwwer déi verschidde Sujeten ze ginn. Ronn een Drëttel vun dësen Experten schaffen op engem Ministère. Ronn ee Fënneftel vun dësen Experten schafft an enger parastaatlecher

Organisation oder enger Organisation mat engem Lien zum Staat. De Comité d'accompagnement ënnersträicht op dëser Plaz, dass d'Presenz vu staatlechen a parastaatlechen Experten wichteg ass, fir de gesamte Spektrum vun engem Sujet ze belichten. De Comité d'accompagnement präziséiert och, dass si konnte beobachten, wéi déi staatlech a parastaatlech Experte fräi hir Meenung konnte soen a sech och kritesch zu politeschen Entscheedungen geäussert hunn. Dës Experten hunn net aktiv un der Ausarbechtung vun de Propositionen deelgeholl. Vertrieeder aus Ministère stounge während den Aarbechtsweekender zur Verfügung, fir op Demande vun de Memberen op konkret Froen ze äntweren.

Engagéiert ware Vertrieeder vun Natur & Ëmwelt, der ANF, IBLA, co-labor, dem Kass-Haff, der Lëtzebuergescher Landjugend a Jongbaueren, der Bauerenzentral, der SEO/Soler, dem Syndicat des eaux du sud, der Klima-Agence, der Encevo, dem LIST, dem Klima-Team, dem Energie-Atelier, der Gemeng Schëffleng, der uni.lu, der Fedil, der SNHBM, Neobuild, OAI, CRTI-B, Uni Tréier, Valorlux, Hein déchets, Lamesch, Ecotec, Ecotrel, Voyages Emile Weber, dem LISER, der Creos, SDK, Luxinnovation, CFL, Sales-Lentz, Losch Digital Lab, Witry & Witry an dem Circular Economy Hub.

Och Vertrieeder aus dem Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohaltig Entwécklung, dem Ministère fir Energie a Landesplanung, dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Ministère fir Landwirtschaft, Wälbau a ländlech Entwécklung hunn hir Expertis zur Verfügung gestallt, ouni op d'Positiounen vun de Memberen vum Klima-Biergerrot anzewirken.

Et ass och ze notéieren, dass eng Rei weider Experte vun den Organisateuren ugefrot gi sinn, déi aus diverser Grënn net deelhuele konnten oder wollten.

- Den ursprüngelechen Planning ass vun de concernéierten Ministere opgestallt ginn, nodeems si Experten am Beräich vun der Biergerbedeelegung consultéiert hunn. Et gëtt ënnerschiddlech Approchen, fir un esou e Projet erunzuegoen. Änlech Projeten an der Vergaangenheet hu gewisen, dass d'Bedelegung vu ville Participanten no e puer Méint ofhélt. D'Regierung wollt och verhinieren, dass d'Biergerconsultation vun de kommunalen an nationale Walcampagnen am Joer 2023 beaflosst gëtt. Dofir huet d'Regierung decidéiert, eng Approche mat méi intensiven Aarbechtsweekender zeréckzebehalen an de Projet Mëtt Juli 2022 ofzeschléissen.

No den éischten Aarbechtsweekender huet sech erausgestallt, dass d'Memberen sech méi Zäit wënschen, fir hir Propositionen méi am Detail auszuschaffen an och hir Iwwerleeungen besser developpéieren ze kënnen. Op Recommendation vum Comité d'accompagnement huet de Staatsministère zesumme mat den Organisateuren en alternative Planning ausgeschafft an de Memberen virgestallt. Dës war déi eenzeg Kéier, wou Vertrieeder vum Staatsministère, an Ofsprooch mat den Organisateuren an dem Comité d'accompagnement, direkt mat de Memberen interagéiert hunn – och, fir op Froen zur Presentatioun vun de Propositionen, virun allem vis-à-vis vun der Chamber, kënnen anzegeen. D'Memberen hu sech mat grousser Majoritéit mat just zwou Géigestëmmen fir dësen alternative Planning ausgeschwät. Dës nei Planning gesäit vir, dass d'Memberen iwwer de Summer am Kader vun der Aarbechtsgruppe weider un hire Propositionen schaffen kënnen, och nach eng Kéier fräi Experte consultéieren kënnen, a Mëtt September eng final Ofstëmmung iwwer d'Propositionen organisieren. Dës Phas gëtt Ufank Juli lancéiert an et zeechent sech eng Participatioun an e weideren Engagement vun enger grousser Majoritéit vun all de Memberen of. Ueschléissend wäerte Porte-parolle vum Klima-Biergerrot hir Propositionen



der Regierung, der Öffentlichkeit an der Chamber präsentieren. Ofschleissend freet d'Regierung en Débat de consultation an der Chamber un, während deem d'Deputéiert sech politesch zu de Propositione vum Klima-Biergerrot positionéiere kënnen. D'Regierung hirsäits wäert d'Propositionen an d'Ausschaff vum neien nationalen Energie- a Klimaplang (PNEC) afléisse loosene.

– Et ass dem Comité d'accompagnement wichteg, drop hanzeweisen, datt de Klima-Biergerrot en demokratescht Experiment duerstelt. Konflikter a Kritik geheieren zum Prozess vun esou engem Experiment derzou. D'Organisateuren, d'Experten an d'Regierung huelen dës Kriticken dofir ganz eescht, well si derbäi hëllef, zukünftig participativ Projeten aneschtens ze organiséieren. Wéi schonn erwänt, huet d'Regierung eng Konvention mat der Uni Lëtzebuerg ofgeschloss, fir de Projet wëssenschaftlech ze begleeten an no der Finalisatioun opzebereeden, fir esou wäertvoll Schlëss fir eventuell zukünftig Participatiounsprojeten ze zéien.

#### Quadracycles légers | Question 6370 (17/06/2022) de M. Serge Wilmes (CSV)

Ëmmer méi Autoshersteller brénge sougenannten elektresch „quadracycles légers“ op de Marché, déi meeschtens net méi séier ewéi 45 km/h fuere kënnen a virun allem fir den urbanen Transport geduecht sinn. Fir a Frankräich mat engem „quadracycle léger“ oder enger „voiturette“, wéi se och nach genannt ginn, fuere ze kënnen, braucht ee kee Führerschäin, wann ee virun 1988 gebuer ass, währenddeems een hei zu Lëtzebuerg dofir e Führerschäin aus der Kategorie A1 braucht.

An deem Zesummenhang géif ech gär folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte stellen:

– Gedenkt d'Regierung, de Code de la route esou ze modifiéieren, dass ee fir e „quadracycle léger“ kee Führerschäin méi brauch?

- Wa jo, wat sinn d'Argumenter, déi dofir schwätzen?
- Wann nee, wat schwätzt dogéint?

– Wëssend, dass e „quadracycle léger“ méi eelere Leit hëllef kann, mobil ze bleiwen am Fall, wou si de Führerschäin net méi verlängert kréien, kéint den Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte sech virstellen, an dës Fäll de betraffene Leit d'Recht ze loosene, e „quadracycle léger“ fuere ze dierfen?

#### Réponse (14/07/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

An dësem Zesummenhang ass ze erwänen, datt den Term „voiture sans permis“ irreführend ass, well dat net ganz der Realitéit entsprécht. Wann een a Frankräich virun dem 1. Januar 1988 gebuer ass, da braucht ee fir dës Gefierer effektiv, fir a Frankräich ze fuere, kee Führerschäin. Dëst ass op de sougenannten „droit acquis“ zeréckzeféiere fir déi Führerschäiner, déi virun dem eenheetlechen europäesche Führerschäin ausgestellt goufen. Dat géllt dann awer och just op dem franséischen Territoire. Wann een no 1988 gebuer ass, da braucht een awer, wéi a ganz Europa, de Führerschäin vun der Kategorie AM, fir mat dëse Gefierer op der Strooss dierfen ze fuere.

Dës Dispositioun ass et zu Lëtzebuerg ni ginn an e Führerschäin vun der Kategorie AM war nach ëmmer obligatoresch, fir e Mini-Auto ze fuere. Et ass och net méiglech, fir dat nodréiglech anzeféieren, well déi europäesch Direktiv dat net méi zouléist.

Dovunner ofgesi geet et drëm, fir all Verkéiersteilnehmer ze schützen, wa Leit de Führerschäin aus medezinesche Grënn net méi verlängert kréien, an och hei gëtt et ganz kloer europäesch Reegelen.

#### Stratégie « Food4Future » de Restopolis | Question 6372 (20/06/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

45.000 Menüen zerwéiert Restopolis all Dag a sengen 80 Schoulrestauranten a -cafeterien. Zil vun der „Food4Future“-Strategie vu Restopolis ass et, méi lokal an ënnert de Krittäre vun der Biolandwirtschaft produzéiert Liewensmëttel op den Dësch ze bréngen. Wéi et schéngt, sinn awer déi entsprechend Virgäbe vum Staat, un déi Restopolis sech bei der Gestiou vun senger Schoulrestauranten a -cafeterien hale muss, relativ vague gehalen. Et heescht, et géif keng konkreet Ziler ginn a Form vun Zuelen oder Prozentsätz beim Akaf vu Liewensmëttel aus regionalem an/oder biologeschem Ubau.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

– Kann den Här Minister confirméieren, dass Restopolis keng präzis Virgäbe kritt, wat den Akaf vu Liewensmëttel aus lokalem an/oder biologeschem Ubau uegt?

– Wa jo, wéi positionéiert sech den Här Minister par rapport zu dësem Spillraum, dee Restopolis bei der Gestiou vun sengen Etablissementer huet?

– Ass den Här Minister der Meinung, dass dës Spillraum am Sënn vum Zil vun der Regierung ass, déi regional an och déi biologesch Landwirtschaft beschtméiglech ze ënnerstëtzen?

– Kann den Här Minister eis eng Opstellung virleeë mat alle Produkter aus der Lëtzebuurger Landwirtschaft, déi aktuell vu Restopolis akaaft ginn?

– Kann den Här Minister eis eng Opstellung virleeë mat de Produkter aus der biologescher Landwirtschaft, déi aktuell vu Restopolis akaaft ginn, opgeschlësselt no Lëtzebuurger, respektiv Net-Lëtzebuurger Produktioun?

#### Réponse (04/08/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Restopolis hält sech beim Akaf vu Liewensmëttel aus lokalem an/oder biologeschem Ubau un d'Richtlinnen, déi vun der Regierung ausgeschafft, respektiv validéiert goufen. Et handelt sech dobäi ëm déi folgend Virgaben:

- den nationalen Aktiounsplang fir d'Promotioun vun der biologescher Landwirtschaft PAN-Bio 2025;
- den „3<sup>e</sup> Plan de développement durable“;
- d'Entwécklungsplang vun de Schoulen.

Den nationalen Aktiounsplang fir d'Promotioun vun der biologescher Landwirtschaft PAN-Bio 2025 gesäit Folgendes vir:

« D'ici 2025, dans les établissements de restauration collective, en commençant par la restauration collective subventionnée par l'État, 50 % des produits proviendront de l'agriculture luxembourgeoise dont 2/5 de produits issus de l'agriculture biologique et 3/5 de produits issus de l'agriculture locale avec priorité accordée aux produits provenant de l'agriculture en conversion. »

(Ausuch vun der Säit 17 aus dem Plan d'action national de promotion de l'agriculture biologique PAN-Bio 2025 vum Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung)

Restopolis setzt d'Richtlinne vun der Regierung gewëssenhaft ëm an huet d'Ziler am Kader vum PAN-Bio 2025 Aktiounsplang fir dës Joer net nëmmen erreecht, mee souguer iwwerschritt:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Des Weidere wéll ech nach op d'Food4Future-Konzept verweisen, dat vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend presentéiert gouf an alldeelegch an de Kantine vu Restopolis ëmgasat gëtt. Dëst Konzept definéiert kloer Ziler, déi Restopolis soll erreechen.

ad 2. an 3. Hei verweisen ech déi honorabel Deputéiert op d'Antwort op déi éischt Fro.

ad 4. a 5. D'Antworten op dës Froen stinn am Tableau, deen hei ugespéngelt ass.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

#### « Needle spiking » | Question 6379 (21/06/2022) de M. Gusty Graas (DP)

« Le Figaro » du 17 juin 2022, ainsi que les journaux allemands « Augsburger Allgemeine » et « Frankfurter Allgemeine Zeitung » rapportent récemment sur la pratique du « needle spiking », tendance dangereuse ayant fait son retour dans les bars, discothèques, salles de concerts et aux festivals.

Il s'agirait ici d'attaques « sauvages » à la seringue, et qui peuvent avoir des effets immédiats tels des bouffées de chaleur, des vertiges et la perte de connaissance, ainsi que des effets dits « retardés » avec des marques de bleus sur les corps des victimes piquées. Pour une majorité des personnes lésées, un contrôle à l'hôpital s'avère indispensable afin d'examiner si un viol a lieu, ou afin d'administrer des traitements préventifs contre le VIH.

Selon « Le Figaro », 1.098 victimes auraient été enregistrées en France. Cependant, des occurrences se seraient également produites au Royaume-Uni et plus récemment en Allemagne. Avec la saison des concerts « open air » et des festivals devant nous, le Centre universitaire de Dijon a dès lors mis en place un protocole spécifique pour aider les victimes de piqûres.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure et à Madame la Ministre de la Santé :

1) Est-ce que Monsieur et Madame les Ministres sont au courant de cas de « piqûres sauvages » au Luxembourg depuis la réapparition de cette tendance dangereuse au début de cette année ?

2) Quelles sont les démarches de la Police grand-ducale lors d'attaques similaires au Luxembourg ?

3) Quelles sont les démarches à suivre pour des victimes de telles attaques au Luxembourg au niveau policier et au niveau médical ?

4) Existe-t-il au niveau des soins médicaux au Luxembourg une procédure pour traiter des victimes de telles piqûres ?

5) Dans la négative, Madame la Ministre de la Santé considère-t-elle utile la mise en place d'un protocole à l'instar de l'exemple du Centre hospitalier de Dijon ?

#### Réponse commune (22/07/2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

ad 1) La Police grand-ducale n'a pas encore été saisie d'une telle enquête.

ad 2) Lors d'une infraction, indépendamment de sa nature, la police agit dans sa mission de police judiciaire et applique strictement les règles fixées par le Code de procédure pénale.

ad 3) Tout citoyen peut s'adresser à la police dans n'importe quel commissariat de police pour porter plainte en cas d'infraction constatée. Une enquête suit alors son cours.

Au niveau médical les victimes doivent s'adresser dans les plus brefs délais au service d'urgence hospitalier de garde.

ad 4) et 5) Une personne victime d'une piqûre accidentelle ou intentionnelle devrait s'adresser dans les plus brefs délais au service d'urgence hospitalier qui est de garde et qui connaît la procédure à appliquer, notamment pour la prévention de transmission de maladies infectieuses.

Au besoin et en cas de questions, ce service peut également se mettre en contact avec le service national des maladies infectieuses.

### Réglementation de la circulation lors de processions | Question 6380 (21/06/2022) de M. Fernand Kartheiser | M. Jeff Engelen (ADR)

E Sonndeg, den 19. Juli, waren op verschiddene Plazen am Land Fronleichnam-Prozessionen, wou, deelweis begleitet duerch Museksveräiner, d'Leit zesumme mat Kierchevertrieeder duerch d'Dierfer bei d'Kapelle ginn.

Zu Maarnesch ass et an deem Kontext zu méi geféierleche Virfäll komm, wat d'Ofséchere vun dëser Prozession am Hibleck op de Stroosseverkéier ugeet. An de leschte Joren huet zu Maarnesch d'Police de Verkéier gereegelt, wann d'Prozession duerch d'Duerf gaangen ass. Dëst Joer war allerdéngs keng Police present, fir de Verkéier ze reegelen, firwat et dann och zu méi chaoteschen, respektiv geféierleche Situatioune komm ass, wat de Schutz vun de Leit virum Stroosseverkéier ugeet.

An deem Kontext géife mir dem Här Policeminister gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister erklären, firwat notament zu Maarnesch – anescht ewéi déi Jore virun – keng Police méi op der Plaz war, fir bei der Fronleichnam-Prozession de Verkéier ze reegelen?

2. Weess den Här Minister eventuell, ob et och nach op anere Plazen am Land, wou Fronleichnam-Prozessionen stattfonnt hunn, anescht ewéi déi Jore virun, keng Police méi op der Plaz war, fir de Verkéier ze reegelen? Wat sinn d'Grënn hefir?

3. Wéi gesäit allgemeng de rechtliche Kader aus, wat d'Reegele vum Verkéier ugeet bei Manifestatioune an/oder Prozessionen, wou gréisser Gruppe vu Leit sech ze Fouss op de Stroosse fortbeweegen?

### Réponse (12/07/2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. an 2. Prinzipiell reechen d'Verantwortlecher vun esou Organisatioune eng Demande fir Policepresenz eran, sief et schréfflech oder mündlech, där d'Police nokënn, wann d'Situatioun et erfuerdert.

No Ofsprooch mam Verantwortleche vun der Fronleichnam-Prozession zu Maarnesch war ausgemaach ginn, dass d'Police hei kee Verkéiersdénkscht géif maachen. D'Police huet fir d'lescht am Joer 2018 e Verkéiersdénkscht am Kader vun der Fronleichnam-Prozession zu Maarnesch gemaach.

Ee Virfall vu Maarnesch, deen als geféierlech kéint bezechent ginn, war onofhängeg vu Policepresenz a war op en onvirsichtegt Behuele beim Eriwwergoe vun enger Strooss zeréckzeféieren.

ad 3. D'Artikelen 138 an 162 vum Code de la route reegelen d'gesetzlech Bestëmmungen, déi applikabel si fir Gruppe vu Persounen, autoriséiert Cortègen, Prozessionen a Marschkolonne vun der Arméi, déi sech op der öffentlecher Strooss deplacéieren.

Hei gëtt festgehalen, dass et deenen opgezielte Kategorien erlaabt ass, sech op der rietser Säit vun der Fuerbunn ze beweegen.

Aner Usagere vun der Strooss dierfe just mat där néideger Virsicht laanscht fueren an op kee Fall sou e Grupp, Cortège, Prozession oder Marschkolonn deelen oder schneiden.

Och wann de Code de la route also keng Ofséchierung duerch d'Police virgesäit, kuckt d'Police am Kader vun hirer Obligation, d'öffentlech Uerdnung a Sécherheet ze assuréieren, prinzipiell ëmmer no Récksprouch mat den Organisateuren, wéi een am beschte fir de sécheren Oflaf vum Evenement ka suergen.

### Étude sur le cannabis | Question 6381 (21/06/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Am Kader vun der Legaliséierung vum Cannabis soll tëschent Dezember 2022 an Abrëll 2023 zu Lëtzebuerg eng detailléiert Studie zum Thema Drogen duerchgefouert ginn. Och den Ubau vun Hanf fir medezinnesch Zwecker ass geplangt. An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

1. Wat genee gëtt an der Studie analyséiert?

2. Wien ass responsabel fir d'Erhiewe vun den Daten? Wéi gëtt déi Etude um Terrain genee duerchgefouert, wéi vill Leit gi gefrot?

3. Ginn d'Resultater vun dëser Studie publik gemaach? Wa jo, wéini?

4. Wat fir Konditioune mussen Betriber erfëllen, déi wëllen Hanf fir medezinnesch Zwecker ubauen? Ginn déi Betriber, déi zu de Pionéier vum Hanfubau hei zu Lëtzebuerg gehéieren, bevirdeelegt?

### Réponse commune (21/07/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Am Hibleck op déi zukünfteg Reglementéierung vum Cannabis fir net medezinnesch Zwecker ginn d'Donnéen erhiewen, déi néideg sinn, fir eng entsprecheend an nuancéiert Bewäertung vun der Drogessituatioun ze erméiglechen. Et ass och wichteg, fir weider Donnéeën virun enger Reglementéierung vum Cannabis ze erhiewen, an eng „Baseline“ ze schafen, fir den Impakt vun där neier Reglementéierung bewäerten ze kënnen.

D'Prevalenz an d'Konsummustere gehéieren zu den Haaptindicateuren, déi vum Observatoire européen des drogues et des toxicomanies (OEDT) benotzt ginn, fir d'Drogessituatioun an Europa ze bewäerten. Dës hëllefen, fir de Konsum, d'Risikoperception, d'sozial a gesondheetlech Korrelatioune ze verstoen, souwéi och d'Konsequenze vum illegalen Drogenkonsum. Dës Indicateure benotzen eng gewëssen Unzuel vun Outils, insbesonnesch probabilistesche Enquêtes an der allgemenger Bevëlkerung („General Population Survey“), déi et erméiglechen, fir zouverlässeg, objektiv a representativ Donnéeën ze kréien.

Eng „General Population Survey“ wäert also d'Disponibilitéit vun nationalen Donnéeën a Statistiken iwwert d'Drogessituatioun am Grand-Duché erhéien.

ad 2. Vu dass de Cahier des charges fir dës Studie am Laf vun dësem Summer publizéiert wäert ginn, ass nach net gewosst, wie fir d'Erhiewe vun den Date responsabel wäert sinn. Och hânt et vun där zréckbehalener Methodologie of, wéi dës Etude genau um Terrain duerchgefouert wäert ginn a wéi vill Leit gefrot ginn.

ad 3. D'Resultater wäerte public gemaach ginn. De genauen Zäitpunkt hânt awer vum Mandataire of.

ad 4. Momentan ass eng Analyse juridique amgaangen. Op Basis dovunner wäerten dann och Äntwerten op eng ganz Rei Froen, ewéi z. B. déi vun de Konditioune an och den Auswielkrittäre vun de Produzenten fonnt ginn.

### Buts de guerre de l'Ukraine | Question 6384 (21/06/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Zënter der Annexion vun der Krim 2014 hunn déi politesch Verantwortleche an der Ukrain ëmmer nees hire Wëllen ënnerstrach, dës Regioun nees an d'Ukrain ze integréieren. Fir d'lescht huet den ukrainesche President dat a senger Videobotschaft vum 13. Juni 2022 gemaach, verbonne mat der Fuerderung no méi Waffeliwwerunge vum Westen. Allerdéngs huet hie selwer de 24. Mee zu Davos gesot, dass dat nëmme duerch schwéier militäresch Verloschter kéint erreecht ginn.

Am Laf vun der Zäit héiert een och ëmmer nees anescht formuléiert Krichsziler vun ukrainescher Säit.

Lëtzebuerg gehéiert zu deene Länner, déi d'Ukrain politesch an diplomatesch ënnerstëtzen an hir och Waffe liwweren.

Duerfir wëll ech dës Fro un den Här Bausseminister stellen:

1. Wéi eng ukrainesch Krichsziler gi genee vu Lëtzebuerg ënnerstëtzt? Ass et z. B. „d'Zréckdränge vun de russeschen Truppen op d'Positioune vu virum 24. Februar“ oder d'„Verdréiwe vun alle russeschen Truppe vun all Stéck vum ukraineschen Territoire“ oder nach en aner Krichszil?

2. Ënnerstëtzt déi Lëtzeburger Regierung eng militäresch Zeréckeruewerung vun der Krim duerch d'Ukrain? Wa jo, wéi eng Risiko gesäit si bei sou enger Politik?

### Réponse (21/07/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. An der Ukrain stinn sech zwou Krichsparteie géigeniwwer: den Aggressorstaat Russland an d'Ukrain. Lëtzebuerg ass net eng Krichspartei an dësem Konflikt: also keng „partie au conflit“ am Sënn vum internationale Recht. Deemno ënnerstëtzt Lëtzebuerg och keng spezifesch Krichsziler. Laut UN-Charta, a wéi och an der Resolutioun ES-11/1 festgehalen, déi den 2. März 2022 vun der UNO-Vollversammlung ugeholl gouf, huet d'Ukrain Recht op Selbstverdeedegung. Déi selwecht Resolutioun fuerdert Russland dozou op, sech direkt a komplett aus dem Territoire vun der Ukrain a sengen international unerkannte Grenzen zréckzézéien.

ad 2. Zesumme mat 140 anere Membere vun der UNO-Vollversammlung huet Lëtzebuerg d'Resolutioun ES-11/1 gestëmmt, déi Russland dozou opfuerdert, d'territorial Integritéit vun der Ukrain ze respektéieren a sech direkt komplett a bedéngungslos aus dem Territoire vun der Ukrain a sengen international unerkannte Grenzen zréckzézéien.

### Résidences pour artistes | Question 6385 (22/06/2022) de M. André Bauler (DP)

Viru Kuerzem ass am fréiere Bridderhaus zu Esch-Uelzecht eng Residenz fir Kënschtler agewéit ginn.

An deem Kader wollt ech der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:

– Wéi vill Residenze fir Artiste gëtt et de Moment am Land an a wat fir engen Uertschafte sinn si lokaliséiert?

– Wéi vill Kapazitéit hunn dës Residenzen a wéi sinn si an de leschte Joren ausgelascht gewiescht?



– Wéi laang ginn dës Residenzen am Duerchschnitt bewunnt an aus wat fir enge Länner kommen déi meescht Kënschtler?

– Wéi vill sou Wunnenge gëtt et de Moment am Éislek a wéi sinn dës engelaascht? Ass et virgesinn, fir méi där Wunnengen am ländleche Raum ze schaffen, z. B. an enger Uertschaft wéi Clief, déi jo den Titel „Cité de l'image“ dréit, oder zu Veianen, déi jo och reegelméisseg Ausstellungen mat international unerkannte Kënschtler organiséiert? Oder an enger aler Kulturstad wéi Iechternach?

**Réponse** (22/07/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture

A senger parlamentarescher Fro bezitt den honorabelen Deputéierte sech op d'Residenz Bridderhaus zu Esch-Uelzecht, déi de 16. Juni 2022 ageweit gouf. Et handelt sech heibäi ëm eng Kënschtlerresidenz, an där d'Kënschtler souwuel wunne wéi och schaffen kënnen.

Woubäi dës Ministère ronn 17 verschidde Strukturen, déi zu Lëtzebuerg Residenzprogrammer ubidden, rezenséiert huet, offrëieren déi mannsten d'Formule Logement plus Kreatiounsatelier a gräife meeschtens op extern Logementsméiglechkeeten zréck. Hei wieren ënner aneren ze ernimmen: d'Residenz vun der AAPL (Association des artistes plasticiens du Luxembourg), Bâtiment 4 vu frEsch ASBL, d'Residenzen am DudeTownHouse an am Appartement Dominique Lang vum Centre culturel Opderschmelz, d'Artist Residency vum CNA, d'Struwelpippi Kinder und Jugendbuchautorenresidenz zu Iechternach, d'Résidence d'auteur vum Théâtre national du Luxembourg, d'Residenz vun der Kulturfabrik, d'ILL Residenz vun Independent Little Lies, d'Residenz vum Kulturhuf, d'Luxembourg Philharmonic Orchestra Academy an der Maison des Académiciens, de Residenzprogramm vum TROIS C-L oder nach d'Residenz fir d'Laureate vun der Biennale des étudiants en art et jeunes artistes vu ViArt ASBL zu Veianen. De Kulturministère selwer hat am Kontext vun der Covid-19-Pandemie mat enger finanzieller Ënnerstützung fir den Accueil vun Artistes associés 18 Residenzprogrammer erméiglecht.

Vu datt d'Fro vum honorabelen Deputéierte sech op Residenze mat Wunnenge bezéien, ergi sech folgend Äntwerten.

Et bestinn aktuell 6 Kënschtlerresidenzen, déi souwuel Wunnenge wéi och Kreatiounsraum beinhalten, 2 dovunner sinn eréischt am Laf vun 2022 entstanden an eng am Laf vun 2021. Vun dëser Residenz befanne sech der 3 an der Stad Lëtzebuerg (Casino Display Residenz, Canopée – Résidence pour artistes an Neimënster), eng zu Esch-Uelzecht (Bridderhaus), eng zu Iechternach (Trifolion – Maison gothique) an eng zu Buerglënster (Résidence-mission vum Kulturministère). Zesummen hunn dës Kënschtlerresidenzen eng Kapazitéit vu ronn 50 Persounen.

An de leschte Joren huet den Occupationstaux staark variéiert, notament wéinst der Covid-19-Pandemie. Fir 2022 läit den aktuellen Occupationstaux tëscht 0 % (wéinst Renovierungsarbeiten) an 100 %. Déi meeschte Kënschtler koumen aus Lëtzebuerg, suivéiert vu Frankräich an Däitschland.

D'Duerchschnittsdauer vun dëser Residenz variéiert jee no Struktur a situéiert sech tëscht 11 Deeg fir déi eng an 1 bis 3 Méint fir déi aner. D'Résidence-mission vum Kulturministère an den Annexe vum Buerglënster Schluss gëtt dem Artistekollektiv K+A fir dräi Joer zur Verfügung gestallt.

Woubäi eis am Éislek aktuell keng Kënschtlerresidenz, esou wéi se am Kontext vun dëser Ufro definéiert gëtt, bekannt ass, sou ass awer z. B. geplangt, datt am Ermitage zu Klierf deemnächst Kënschtlerresidenz vu

verschidde Strukturen kënnen ugebuede ginn. Och sief rappeléiert, datt et am ländleche Raum schonn Initiative ginn, déi zäitlech begrenzt Residenzprogrammer ëmsetzen, wéi z. B. déi uewe genannte Residenz fir d'Laureate vun der Biennale des étudiants en art et jeunes artistes zu Veianen, oder d'Kënschtlerresidenz vum Kulturhuf zu Gréiwemaacher.

**Promoteurs publics** | Question **6388** (22/06/2022) de **M. Roy Reding** (ADR)

Fir den Drock op den Immobiliemarché ze reduzéieren, gëtt zu Lëtzebuerg vill vun der öffentlecher Hand gebaut, notament duerch de Fonds du logement (FOL) an d'Société nationale des habitations à bon marché (SNHBM).

An deem Zusammenhang géif ech dem Här Logementsminister gär dës Fro stellen:

1. Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Wunnunitéite während de Joren 2019 bis 2021 jee weils fir de FOL an d'SNHBM fäerdeg gestallt goufen? Wéi vill bewunnbar Meterkareeën?

2. Kann den Här Minister matdeelen, wéi héich den duerchschnittleche Baupräis pro bewunnbare Quadratmeter war fir de FOL an d'SNHBM 2019–2021?

3. Wéi héich waren d'Personalkäschten an d'Funktionsmetskäschten pro gebauntem a bewunnbarem Quadratmeter fir de FOL an d'SNHBM 2019–2021?

**Réponse** (18/07/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre du Logement

Déi vum Deputéierte gefrote Statistike ginn net allegerue systematesch erfaasst a gehéieren a puncto SNHBM SA och zum Deel zu wettbewerbsrelevanten Zuelen a kënnen aus deem Grond net öffentlich gemaach ginn.

ad 1. Déi pro Joer fäerdeg gestallte Wunnenge fannt Dir an de jee weilege Rapports d'activités vun dem Fonds du logement an der SNHBM. Am Detail gesäit dat folgendermoossen aus:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)*).

D'Gréisst vun de Wunnengen ass pro Projet disponibel, awer net zentral ofruffbar. Dëst ännert, wann den Nationale Regéister fir déi erschwénglech Wunnengen – RENLA en place ass.

An der Moyenne ass ee Logement ronn 82 m<sup>2</sup> Wunnfläch grouss. Appartementer si jee no Typologie 45–110 m<sup>2</sup> grouss, Haiser maximal 140 m<sup>2</sup>.

ad 2. Duerchschnittspräisser aus de Venté vu FdL a SNHBM an de leschte Méint stelle sech folgendermoossen duer:

D'Verkafspräisser fir subventionéiert Eefamilljenhaiser (Indice 924,32) situéiere sech tëscht 3.889 €/m<sup>2</sup>\_SUH bis op 4.688 €/m<sup>2</sup>\_SUH.

D'Verkafspräisser fir subventionéiert Appartementer (Indice 924,32) situéiere sech tëscht 4.101 €/m<sup>2</sup>\_SUH bis 4.745 €/m<sup>2</sup>\_SUH.

Wichtig ze soen ass, dass dee Präis mat 17 % TVA ass. D'Acquereure kënnen also nach bis zu max. 50.000 € TVA (Taux réduit 3 %) beim Enregistrement zréckfroen.

ad 3. D'Personalkäschten a Fonctionnementskäschten ginn net eenzel fir all Projet gerechent. An der Vente applizéieren d'Promoteurs publics e Coefficient d'entreprise vu ronn 10 %, deem déi sougenannten „Overhead-Käschten“ ofdeckt an am Verkaufspreis inclus ass. Dëse Koeffizient hält direkt an indirekt Personalkäschten, esouwéi all aner indirekt Käschten en charge a

gëtt reegelméisseg opgrond vun der Analys vun de Joreskonten aktualiséiert.

**Blocage du transit vers Kaliningrad** | Question **6390** (22/06/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Besonnenesch déi fréier Ostblockstaaten an der EU an der NATO an hei virun allem déi baltesch Länner a Polen vertrieben eng dacks ganz radikal antirussesch Positioun, besonnenesch och am aktuelle Kontext vum Konflikt an der Ukrain. Russland beschëllegt elo Litauen, de Persounen- a Wuerverkéier mat der russescher Enklav Kaliningrad ze blockéieren an domat méi wäit ze goen, wéi d'EU-Sanktiounen an d'EU-Recht et virgesinn. D'EU a Litauen dementéieren eng Blockad vu Kaliningrad. D'EU wëllt dat awer nach rechtlech iwwerpräiwen.

Et ass evident, datt dës Entwécklung ka ganz geféierlech ginn. Dowéinst wëllt ech der Regierung dës dréngend Fro stellen:

1. Wéi schätzt d'Regierung déi aktuell Spannungen tëscht Russland a Litauen an? Ass si der Meinung, datt Litauen am Kontext vu Kaliningrad iwwert déi europäesch Sanktiounen erausgeet oder si strikt respektéiert?

2. Am Fall, wou Litauen d'Sanktiounen sollt korrekt applizéieren, missten d'EU-Sanktiounen dann net esou ugepasst ginn, datt et net zu enger Kris an Kaliningrad ka kommen? Wann nee, also wa Litauen sollt Russland wëlle provozéieren, wéi wëllt d'Regierung da reagéieren?

3. Am Kader vun der eFP (enhanced Forward Presence) vun der NATO si Lëtzebuurger Militär a Litauen. Am Fall, wou Litauen d'EU-Sanktiounen sollt „iwwerinterpretéieren“ a bewosst a virsätzlech d'Spannung mat Moskau sollt erhéijen, wär d'Regierung bereet, fir déi Lëtzebuurger Militär direkt ze rapatriéieren?

**Réponse commune** (21/07/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | **M. François Bausch**, Ministre de la Défense

ad 1. D'Regierung suivéiert d'Situatioun a steet am Kontakt mat hire litauischen Homologen, souwéi mat allen aneren EU-Memberstaaten a mat der EU-Kommissioun. De President vu Litauen an den Héije Vertrieber vun der EU fir Ausen- a Sécherheetspolitik, den Här Josep Borrell, hu kloer gemaach, datt déi litauesch Administratioun d'Richtlinn vun der Europäescher Kommissioun am Aklang mat den EU-Sanktiounen ëmsetzt.

ad 2. Wéi an der Äntwert op déi éischt Fro gesot, huet Litauen d'Richtlinn vun der EU-Kommissioun am Aklang mat den EU-Sanktiounen ëmgesat. D'Kommissioun huet den 13. Juli 2022 nei Richtlinnen erausginn. Dës Richtlinn präziséieren, datt den Transit vu sanktionéierte Gidder duerch den Territoire vun der EU op Kaliningrad iwwert d'Strooss net erlaabt ass. Fir de Schinnentransport gëtt et allerdéngs kee spezielle Regime, deem dëst verbitt. Den Transit vu sanktionéierte Militärgidder, Dual-Use Gidder an Technologie, wéi si an dem Reglement (EU) 2021/821 definéiert sinn, bleiwe verbueden.

Dëst hieft d'Verpflichtung vun de Memberstaaten awer net op, all Form vun Ëmgoen vun de Sanktiounen ze verhënneren. D'Autoritéiten vun de Memberstaaten sollen dofir gezielt, proportional an effektiv Kontrolle maachen an aner passend Moosnamen ergräifen, fir e Verstooss géint EU-Reglementer ze verhënneren. Dofir sollen d'Memberstaaten och kontrolléieren, datt d'Transitvolummen am Aklang bleiwe mat den historischen Duerchschnittswäerter vun de leschten dräi Joer, an datt et do keng ongewéinlech Fluxen oder

Handelsmuster gött, déi op en Ëmgoe vun de Sanktiounen hiweise kéinten. An esou engem Fall sollen d'Memberstaaten all néideg Moossnamen huelen, déi an der europäescher Gesetzgebung virgesi sinn, inklusiv de Refus vum Transit an d'Festhale vun de betroffene Wueren.

ad 3. Als Reaktioun op d'Verschäerfung vun der Sécherheetslag un hirer Ostflank huet d'NATO eng Rei Mesurë getraff, ënner anerem en Opstocke vun Truppen, och a Litauen. D'Verschlechterung vun der Sécherheetslag geet zeréck op déi äusserst brutal a vëlkerrechtswidder Aggressioun vu Russland gégeniwwer der Ukrain. D'Lëtzebuurger Regierung ënnerstëtzt all d'Mesuren, déi vun der NATO geholl goufen an huet dofir och net wëlles, d'Lëtzebuurger Zaldoten aus Litauen ofzezéien.

### Heures supplémentaires des forces de l'ordre | Question 6391 (22/06/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Am Joer 2021 grad ewéi an deenen éischte Méint vun dësem Joer hunn zu Lëtzebuerg reegelméisseg Manifestatiounen stattfonnt. Dës Manifestatiounen sinn ëmmer vun der Police ofgeséichert ginn, fir d'Manifestanten an och d'Matbiirger ronderëm d'Manifestatioun ze schützen an och Materialschied ze vermeiden. An deem Kader si mengen Informatiounen no eng considerabel Zuel un Iwwerstonne vu verschiddene Beamten a Beamtinne gelescht ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Fro stellen:

1. Wéi vill Iwwerstonnen hu Beamtinne vun der Police, déi fir d'Manifestatiounen zoustänneg waren, ugesammelt?
2. Wéi vill vun dësen Iwwerstonne goufen erageholl?
3. Wéi vill vun dësen Iwwerstonne goufen ausbezuezt?
4. Wéi vill vun dësen Iwwerstonne sinn nach net ausbezuezt ginn?

### Réponse (07/07/2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. Et ass net méiglech, eng generell Äntwert op dës Fro ze ginn, well d'Police keen Zentralregister fir esou Stonnen huet. Heifir missten all eenzel Asätz recherchéiert ginn an d'Stonne vun den Agenten individuell zesummegerechent ginn.

Zousätzlech Informatiounen zum Calcul vun Aarbechtsstonne befanne sech an den Äntwerten heidrënner.

ad 2. bis 4. D'Aféiere vum sougenannten Zäitspuerkont (CET) huet eng quasi individualiséiert Gestiou vun de geleschten Iwwerstonne mat sech bruecht. Et ass schwéier nozevollzéien, ob déi Stonnen, déi spezifesch am Kader vun de genannte Manifestatiounen gelescht gi sinn, um Enn vum concernéierte Mount ausbezuezt ginn, während deem Mount erageholl gi sinn, respektiv weiderhin um Zäitspuerkont stinn, fir se am Laf vun der Carrière eranzehuelen, oder ob se um Moment vun der Pensioun ausbezuezt ginn.

Erschwéierend kënn ënner anerem derbäi, dass Iwwerstonnen, déi eventuell während deem Mount gelescht goufen, déi awer net mat de Manifestatiounen verbonne sinn, an d'Comptabilisatioun vun deem concernéierte Mount afléissen.

Et kann een also just festhalen, dass all concernéierte Member vun der Police d'Iwwerstonne comptabiliséiert kritt, dass keng verluer geet an dass se „kompenséiert“ kënnen ginn, ënner där Form, déi de concernéierte Member am beschten arrangéiert.

### Nuisances sonores causées par des motos | Question 6392 (22/06/2022) de M. André Bauler (DP)

Ëmmer nees fille sech Awunner duerch de Kaméidi vu verschiddene Motorrieder belästegt, grad am Fréijoer a Summer, wou nees méi Motosfuurer ënnerwee sinn. Dat schuet och dem Ruff vun deene Motorradsfuurer, déi sech ganz responsabel op eise Stroosse verhalen. An deem Kader ass den Norde vum Land bekanntlech eng beléiften Destinatioun fir de Motorradtourismus, besonnesch deen aus eisen Nopeschlänner.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Motorrieder sinn zanter Juni 2020 a Juni 2022 op eise Stroosse kontrolléiert ginn?
2. Wéi vill vun dëse waren a puncto Sécherheet a Kaméidi net konform zu de virgeschriwwene Reegelen?
3. A wat fir enge Landesdeeler beziéungsweis op wat fir enge spezifesch Strecken sinn dës Kontrollen gemaach ginn?
4. Wéi vill auslännesch Motorrieder si protokolliéiert ginn? Wéi héich ass hiren Undeel ënner alle protokolliéierte Motorrieder?
5. Huet d'Police an de leschte Jore spezifesch Kontrollen a Wunnquartiere gemaach a puncto Kaméidibelästegung duerch getunete Motorrieder?
6. Ass virgesinn, fir an noer Zukunft verstärkt sou Kontrollen duerchzeféieren?

### Réponse (12/07/2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. D'Police féiert keng Statistiken iwwer d'Zuel vu Kontrollen vun engem spezifeschem Typ vu Gefierer. Statistike vu Verkéierskontrollen erméiglechen awer feststellen, wéi vill Infraktiounen vun engem spezifeschem Typ vu Gefierer konstatéiert an duerch en Avertissement taxé sanktionéiert goufen. Datebanken erlaben et och net, automatiséiert erauszefannen, ob ee selwechte Chauffeur fir e puer Infraktiounen sanktionéiert gouf. Ënner all deene Reserve kann ee festhalen, dass an der Period vu Juni 2020 bis Juni 2022 insgesamt 2.468 Avertissements taxés géint Motosfuurer ausgestellt goufen.

ad 2. Vun den 2.468 Avertissements taxés sinn der ronn 900 wéinst diverse Sécherheetsmängel a Kaméidi ausgestellt ginn.

ad 3. Am Kader vu hiren deeglechen Aufgabe féiert d'Police am ganze Land Verkéierskontrollen duerch, woubäi e besonnesche Fokus op déi accidentogène Strecken gesat gëtt. An de Summerméint gi verstärkt Motorradskontrollen gemaach, virun allem am Norden an am Oste vum Land op méi touristesche Strecken.

ad 4. 55 % vun den Infraktiounen goufen tëscht Juni 2020 a Juni 2021 bei auslännesche Motorradsfuurer festgestallt.

ad 5. D'Police féiert all Dag am ganze Land Verkéierskontrollen duerch. Heibäi gi verschidde Krittäre berécksichtegt, ënner anerem d'Accidentologie, d'Auswärtung vum eisen automatiséierten Zielungen, Doleancé vu lokalen a regionalen Autoritéiten, fir d'Emplacementer vun de Kontrollen ze bestëmmen.

Wéi schonn an der parlamentarescher Fro N° 6407 vum 27. Juni 2022 vum honorabelen Deputéierte Mars Di Bartolomeo erkläert, verfüügt d'Police net iwwer déi néideg technesch Equipementer, fir spezifesch Kontrollen betreffend Kaméidibelästegung ze maachen. Dowéinst ass dat da bis elo just punktuell an an Zesummenaarbecht mat Experte vum MMTP, SNCA an TÜV Rheinland gemaach ginn.

ad 6. Aktuell verfüügt d'Police iwwer keng Informatiounen, déi verstärkt Kontrollen géifen erfuerderlech maachen.

### Enfouissement de lignes à haute tension | Question 6393 (22/06/2022) de M. Yves Cruchten (LSAP)

Le 9 août 2019, une tornade avait causé d'importants dégâts dans les communes de Käerjeng et de Pétinge. Entre autres, quatre pylônes de la société Sotel avaient été endommagés. A ma question parlementaire n° 1819 du 3 février 2020, qui portait en partie sur la possibilité d'un enfouissement des lignes Sotel, Monsieur le Ministre de l'Énergie avait répondu que « L'envergure des travaux, les coûts y associés et l'impact environnemental et visuel de la mise en souterrain de lignes électriques à haute et à très haute tension étant très importants, la mise en souterrain systématique des lignes à haute ou à très haute tension n'est pas prévue ni par Sotel ni par Creos. »

Or, il me revient que d'importants travaux d'excavation liés à l'enfouissement de lignes à haute tension sur tout le long de l'A13 au départ de la Biff en direction de Sanem ont débuté il y a quelques semaines. Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Énergie :

1) Monsieur le Ministre avait-il connaissance du projet de Creos qui prévoit l'enfouissement de lignes à haute tension le long de l'A13 en mars 2020 lorsqu'il a formulé sa réponse à ma question ? Sinon, quand est-ce que Creos a pris la décision concernant ce projet ? Est-ce qu'il s'agit de l'enfouissement de lignes existantes ou de lignes supplémentaires ?

2) Au vu de la proximité de la ligne aérienne endommagée en 2019 n'aurait-il pas été possible de profiter de ces travaux d'envergure pour enfouir également en partie les lignes aériennes Sotel ?

3) Sinon, Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis qu'on devrait dans le contexte du chantier actuel prévoir un enfouissement futur des lignes aériennes existantes ?

4) De quelle manière les résidents des communes touchées par le chantier Creos ont été informés sur les travaux en cours et sur leur finalité ?

### Réponse (02/08/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

ad 1) Afin d'augmenter la fiabilité et la robustesse du réseau à haute tension dans la région Sud-Ouest du pays, et considérant que cette région est principalement alimentée par les postes de transformation de Biff, Lamadelaine et Sanem, et qu'un défaut sur une de ces liaisons pourrait entraîner qu'une partie de ladite région pourrait se voir privée d'alimentation électrique, Creos avait conclu à la nécessité et décidé, conformément à son obligation légale de garantir la sécurité de l'approvisionnement en énergie électrique des clients finals, de construire une nouvelle liaison de bouclage entre les postes de Lamadelaine et de Sanem permettant ainsi d'avoir une seconde voie d'alimentation en cas d'avarie sur une des autres liaisons. Sur demande, Creos a affirmé que les études pour trouver un tracé de cette nouvelle ligne avaient été réalisées en 2019. Une demande d'autorisation en vertu de l'article 41 de la loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité a été introduite au ministère en juin 2020.

ad 2) Après la tornade en août 2019, la priorité de Sotel était un rétablissement de l'alimentation en énergie électrique de ses sites dans les délais les plus courts. Une reconstruction de la ligne aérienne endommagée par des câbles souterrains aurait nécessité des études et des travaux de planification



approfondis, ainsi que des travaux de génie civil considérables qui n'auraient pas été compatibles avec l'urgence de la situation.

Non seulement que les deux projets ne se sont pas réalisés en même temps, il y a également lieu de noter que les tracés des deux lignes mentionnées par l'honorable Député se distinguent en très grande partie de manière que des synergies n'auraient pas été réalisables.

ad 3) Je réitère ma conviction signalée dans ma réponse à la question parlementaire n° 1819, à laquelle l'honorable Député fait référence, qu'une mise en sous-terrain systématique des lignes à haute ou à très haute tension n'est pas prévue dans le futur vu l'envergure des travaux, les coûts y associés et l'impact environnemental bien plus importants que pour des lignes aériennes.

ad 4) L'établissement, la modification et le renouvellement de tout ouvrage électrique, qui sont à réaliser aux conditions économiquement les plus avantageuses par le gestionnaire de réseau qui conserve le choix quant à la façon de les réaliser, sont réalisés en vertu du Chapitre VII, Section I (articles 36 à 44) de la loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité. Vu l'utilité publique des ouvrages électriques constituant les réseaux de transport et de distribution, le gestionnaire de réseau est en droit de faire passer sans attaches ni contact les conducteurs d'électricité au-dessus des propriétés privées ou d'établir à demeure des ouvrages électriques sur des terrains privés. À cette fin, le gestionnaire de réseau doit conclure un contrat de servitude conventionnelle avec le ou les propriétaires concernés. Partant, tous les propriétaires concernés par un tel projet sont d'office informés quant aux constructions d'ouvrages électriques impactant leur propriété et le gestionnaire de réseau leur fournit toutes les informations nécessaires qui sont en relation avec le projet en question.

## Utilisation de données personnelles par la Police grand-ducale | Question 6396 (22/06/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Et connaît-elle erem vir, datt Leit bei der Police uruffen, fir e Verstouss ze mellen – sief et Kaméidi an enger Residence oder op der Strooss, e falsch geparkten Auto oder soss e Virfall. An deem Fall muss den Uruffer da seng Identitéit uginn: säin Numm a munchmol och seng Matriculesnummer.

Kënn et dann zu engem Asaz vun der Police an zu enger Interpellatioun vun deem oder deenen, déi Ulass ware fir d'Reklamatioun, kann d'Police och d'Identitéit devoiléiere vun deem, dee sech bei der Police gemellt huet.

An deem Zesammenhang wëllt ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1. Ass et bei der Identifikatioun vun deem, dee bei der Police urufft, wierklech néideg, och d'Matriculesnummer nozefroen?
2. Gëtt dat systematesch gemaach oder nëmmen a gewësse Fäll? Wa jo, a wéi enge Fäll?
3. Gëtt et zu dëser Fro offiziell niddergeschriwwen Uweisung fir d'Policebeamten? Wa jo, wéi ass hei de geneeë Wuertlaut?
4. Wat geschitt mat dëse Matriculesnummern, wann d'Affär erleeedegt an den Dossier zougemaach ginn ass? Gi se stockéiert? Vu wem? Wou? Fir wéi laang? Wéini gi se geläscht?
5. Gëtt bei der Denonciatioun vun engem Virfall bei gläichzäiteger Interpellatioun vun der „personne en

cause“ systematesch d'Identitéit vun der Persoun devoiléiert, déi sech bei der Police gemellt hat?

Wa jo, kann dat net zum Nodeel vun der leschtgenannter Persoun sinn?

Wann nee, a wéi enge konkrete Fäll gëtt dat gemaach?

Ass et de Policebeamten iwwerlooss, wéi si an esou engem Fall virginn?

Gëtt et hei och offiziell bzw. schrëftlech festgehalten Uweisungen a wéi gesinn déi aus?

## Réponse (19/07/2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. Generell ass et fir d'Police wichteg, dass d'Identitéit vun enger Persoun, déi urufft a potentiell eng Interventioun declenchéiert, kloer kann etabliert ginn. Wann et no der Interventioun zu enger penaler Suite kënnt, ass dës émsou méi wichteg, well d'Persoun e wichtegen Zeie ka sinn.

ad 2. an 3. D'Identitéit vun der Persoun, déi Ulass vun enger Reklamatioun ass, gëtt net systematesch devoiléiert. Wann et sech ëm strafbar Handlungen handelt, muss ee Procès-verbal geschriwwen ginn, wou all d'Identitéite mussen am Dossier virkommen, also och Zeien, déi den Ausléiser vun der Affär waren. Dat ass an der Procédure pénale virgesinn. Doduerch soll evitéiert ginn, dass systematesch anonym Denonciatiounen gemaach ginn.

D'Fro betreffend d'Reegelen, wéi penal Dossieren traitéiert ginn, sinn am Code de procédure pénale festgehalten.

ad 4. a 5. Wat d'Aschreiwungen, den Traitement an déi entsprecheend Reegelen betreffend den Datschutz vun den Donnéeën am „Einsatzleitsystem“ vun der Police ugeet, ginn et niddergeschriwwen Uweisungen, déi effentlech zougänglech sinn um Site vun der Police:

<https://police.public.lu/fr/support/protection-des-donnees-a-caractere-personnel.htm>.

## Sécurité aquatique | Question 6397 (22/06/2022) de M. Claude Lamberty | M. Max Hahn (DP)

Mam Summer a mat der grousser Vakanz kënnt och d'Saison vun den Ausflüch un d'Mier oder bei d'Séien ëmmer méi no. De Weekend vum 18. a 19. Juni war den Undrang an de Lëtzebuurger Piscinnen a bei de Séien därmoosse grouss, datt d'Problematik ronderëm d'Sécherheet vum Schwëmmer an de Manktem un Infrastrukturen zeréck an de Fokus geréckelt sinn.

Wat d'Infrastrukturen ugeet, hat d'FLNS – d'Fédération luxembourgeoise de natation et de sauvetage schonn d'lescht Joer op e grouss Manktem vu Piscinnen zu Lëtzebuerg opmierksam gemaach. Dës wier ze bedauern, apaart well all Joer an Europa eng 27.000 Mënsche géifen erdrénken.

Weiderhin ass an der Press och schonn ëfters op de Manktem vu Schwammeeschteren an den néidegen Infrastrukturen an de Gemengen opmierksam gemaach ginn.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, dem Här Sportminister an der Mamm Inneministesch folgend Froe stellen:

- Wéi vill Accidenter gouf et an de leschte fënnef Joer bannent a ronderëm designéiert Schwammgewässer uechtert d'Land?
- Wéi vill brevetéiert Schwammeeschtere ginn et aktuell zu Lëtzebuerg?
- Sinn och Schwammeeschtere ronderëm d'Séien zu Lëtzebuerg aktiv?

– Wéi vill Mënschen hunn zu Lëtzebuerg de Brevet vum Rettungsschwëmmer?

## Réponse (21/07/2022) de Mme Taina Bofferdig, Ministre de l'Intérieur

Den Innenministère huet keng Donnéeën iwwer brevetéiert Schwammeeschteren zu Lëtzebuerg, mee just iwwer d'Waasserrettungsasätz (kuerz: WRET) vum CGDIS op de grouss Gewässer am Land. 2021 waren duerch d'Juli-Héichwaasser (25 Asätz) méi Interventiounen wéi déi Jore virun.

Well de CGDIS um Stauséi iwwer de ganze Summer eng Permanence garantéiert, kommen e puer Interventiounen derbäi, déi awer net direkt um 112 erfaasst ginn.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

## Aide militaire pour l'Ukraine | Question 6400 (22/06/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

D'Militärhëllef fir d'Ukrain ass en Dauertheema zënter dem Ufank vun de Krichshandlungen an et ass bal eng Saach vun der Onméiglechkeet, fir all d'Liwierungen ze suivéieren. Beispillhaft huet d'äidsch Regierung elo eng Lëscht mat deem vun Däitschland geliwwerte Material mat geneeë Quantitéite publik gemaach (Militärische Unterstützungsleistungen für die Ukraine | Bundesregierung). An och d'USA hu scho Lëscht vu Militärliwierungen publik gemaach.

Duerfir wëll ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung mir eng detailléiert Lëscht mat alle Liwwerunge vu Militärmaterial, inklusiv Waffen a Munition, un d'Ukrain (no deem däitsche Modell) maachen?
2. Wat fir Niewekäscht ware mat dëse Liwwerunge verbonnen?
3. Ass d'Regierung gewëllt, wéi Däitschland dës Lëscht aus Grënn vun der Transparenz publik ze maachen a reegelméisseg ze aktualiséieren?

## Réponse (12/07/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Défense

Wéi ech et an der zoustänneger Chamberskommission erkläert hunn, ass et mer wichteg, reegelméisseg iwwer ons Liwwerunge vu Militärmaterial un d'Ukrain ze informéieren.

D'Direction de la défense, an Zesummenaarbecht mat der Lëtzebuurger Arméi, huet bis zum haitegen Datum folgend Militärmaterial ausgeléiert:

- 102 NLAW – Anti-Panzer Waffen
- 20.000 Schoss Munition fir Maschinengewierer vum Kaliber 12,7 mm
- 7 Jeep Wrangler Liaisonsween
- 15 Zelter
- 12.500 Schoss RPG7 – Anti-Panzer Munition
- 22.400 Gasmasken
- 44.800 Filter fir Gasmasken
- 5.000 Schutzveste Cat IV
- 5.000 Helmer Cat III+
- 200 Schoss BM 21 Artilleriemunition
- 10 Sette Satellitkommunikationssystemer.

Weider Liwwerunge vu Militärmaterial si geplangt.


Déi eenzeg Niewekäscht, verbonne mat dëse Liwwerungen, waren Transport- an administrativ Käschtchen.

## Délai de remboursement | Question 6402 (22/06/2022) de Mme Carole Hartmann (DP)

Il me revient que les remboursements des factures médicales par la Caisse nationale de santé (CNS)

**PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL**

IBRS/CCRI n°1001256



## RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
ENVOI-RÉPONSE 1001256  
L - 3208 BETTEMBOURG

prennent actuellement plusieurs semaines voire quelques mois.

En octobre 2021, un remboursement accéléré a été annoncé. Les médecins doivent s'enregistrer sur une plateforme prévue à cet effet. Les factures médicales peuvent alors être munies d'un code QR qui, une fois scanné, permet de transmettre la facture à la CNS. Un remboursement accéléré peut alors être effectué.

À ce sujet, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Monsieur le Ministre, quel est actuellement le délai moyen pour les remboursements des factures médicales par la CNS ?

2) Combien de médecins proposent entre-temps le remboursement accéléré ? Combien ne l'ont pas encore mis en place ?

3) Combien de demandes de remboursement accéléré ont été soumises à la CNS jusqu'à présent et quelle en est la proportion par rapport aux demandes de remboursement ordinaires ?

Combien de ces remboursements ont été payés et quel a été le délai d'attente des remboursements pour les patients ?

4) Monsieur le Ministre, peut-il estimer la date à laquelle tous les médecins du pays proposeront le remboursement accéléré ?

5) Quelles sont les mesures prises pour sensibiliser et aider les médecins à mettre en œuvre le remboursement accéléré ?

**Réponse (27/07/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale**

ad 1) Actuellement, le délai de traitement des mémoires d'honoraires et factures relatifs à des prestations délivrées au Luxembourg est de maximum six semaines.

ad 2) Le tableau ci-dessous reprend le nombre de médecins et médecins-dentistes ayant au cours des périodes visées recouru au dispositif du remboursement accéléré :

| 2021                     |                          | 2022                      |
|--------------------------|--------------------------|---------------------------|
| 3 <sup>e</sup> trimestre | 4 <sup>e</sup> trimestre | 1 <sup>er</sup> trimestre |
| 22                       | 38                       | 39                        |

La Caisse nationale de santé (CNS) n'a pas de chiffres précis quant au nombre de médecins ne participant pas au dispositif du remboursement accéléré.

ad 3) Entre le 23 septembre 2021 et le 31 mai 2022, la CNS a procédé au remboursement de 2.957.687 mémoires d'honoraires, respectivement factures, relatifs à des prestations délivrées au Luxembourg dont 3.165 (0,11 %) demandes de remboursement sont parvenues à la CNS de manière 100 % digitale.

Pendant les jours ouvrables, la liquidation des demandes de remboursement parvenues à la CNS de manière 100 % digitale intervient dans les 24 h suivant la réception de celles-ci.

ad 4) Alors que des efforts sont menés pour que les prestataires aient recours aux voies digitales, ils ne sont pas obligés d'avoir recours aux outils digitaux. En effet, la législation ou la convention CNS-AMMD ne prévoit pas une telle obligation. De ce fait, une estimation n'est donc pas possible.

ad 5) Parmi les mesures d'incitation pour stimuler la mise en œuvre de la digitalisation auprès des médecins et plus précisément du remboursement accéléré, il y a lieu de relever le paiement par la CNS d'une indemnisation trimestrielle des coûts numériques à charge de l'assurance maladie-maternité pour garantir la création et la transmission sécurisée des documents numériques. Ce dispositif est défini dans la convention CNS-AMMD.

En outre un certain nombre de communiqués et de conférences de presse ont affiché la volonté d'encourager le recours à ce dispositif.

À ce stade, il y a lieu d'analyser en détail les raisons du faible nombre de médecins participant au dispositif précité et de remédier aux éventuels obstacles qui se posent encore. Cet exercice est en cours de réalisation.

En ce qui concerne le mécanisme du paiement immédiat direct, qui est déjà prévu dans la convention CNS-AMMD, l'objectif est d'avoir un système qui soit fiable, intuitif et qui permettra une prise en charge rapide des frais opposables à l'assurance maladie. Ce point est important tant pour l'assuré, puisqu'il permettra un accès simplifié aux prestations indépendamment des moyens financiers de l'assuré, que pour les médecins qui ont de fait une garantie de prise en charge des coûts opposables à l'assurance maladie.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfille beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

**PERIODIQUE**



Envois non distribuables à retourner à:  
**L-3290 BETTEMBOURG**

**PORT PAYÉ**  
**PS/799**



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-04

Nouvelles lois

p. 05-06

Séances publiques

p. 07-70

Questions au Gouvernement

p. 71-99

2021-2022

# N°17

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-04

Nouvelles lois ..... p. 05-06

Séances ..... p. 07-70

49<sup>e</sup> séance du jeudi 28 avril 2022 ..... p. 07-30

50<sup>e</sup> séance du jeudi 28 avril 2022 ..... p. 30-50

51<sup>e</sup> séance du mardi 3 mai 2022 ..... p. 51-70

Questions au Gouvernement ..... p. 71-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

22/12/2022

#### Concept et layout :

brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





Visite du Premier Ministre du Vietnam à la Chambre

## Échange de vues sur l'approche diplomatique du Vietnam

Le Premier Ministre du Vietnam, M. Phạm Minh Chính, a rencontré le 9 décembre 2022 le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, et les députés membres du Bureau et de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile.

Les relations entre la Russie et le Vietnam ont notamment été abordées. Vu son passé, au cours duquel le Vietnam a été confronté à de nombreux conflits, le pays condamne la guerre qui oppose la Russie à l'Ukraine, a expliqué le Premier Ministre vietnamien pendant son entrevue avec les députés luxembourgeois. Le Président de la Chambre a exprimé son souhait d'aborder la question de l'approche diplomatique du Vietnam quant à la Russie et à la Chine. Les

parlementaires luxembourgeois seraient, selon M. Etgen, conscients des liens étroits entre le Vietnam et la Russie et de son importante coopération économique avec la Chine.

Le Premier Ministre vietnamien a saisi l'occasion pour exposer la position de son pays. Selon les explications de M. Phạm Minh Chính, les liens diplomatiques entretenus par le Vietnam reposent sur trois composantes, à savoir si l'autre pays est un ami (« traditional friend »), une puissance importante et un État voisin. Dans le cas de la Chine, ces trois critères s'appliqueraient, tandis que pour la Russie, deux des trois conditions seraient remplies. Le Vietnam plaiderait cependant pour la fin de la guerre en Ukraine qui aurait, selon M. Phạm Minh Chính, « déjà causé trop de dégâts et de pertes ».

Pendant l'échange de vues, le Premier Ministre vietnamien a mis l'accent sur la stabilité économique de son pays face à l'inflation causée par le conflit en Ukraine et sur l'impact de la crise sanitaire due à la Covid-19. Le Vietnam d'aujourd'hui serait un partenaire fiable au niveau mondial. Les Vietnamiens souhaiteraient développer certains secteurs tels que la finance verte et la place financière vietnamienne. Vu son savoir-faire dans ces domaines, le Grand-Duché pourrait être un partenaire très important pour son pays, a souligné le Premier Ministre.

M. Phạm Minh Chính a également exprimé son souhait de pouvoir inviter une délégation parlementaire luxembourgeoise au Vietnam.



La délégation vietnamienne a été accueillie par les députés membres du Bureau et de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile.

68<sup>e</sup> séance plénière du Conseil parlementaire interrégional

## « Se rapprocher de ses voisins » – coopération entre quatre assemblées parlementaires



M. Charles Margue lors de l'allocution par message vidéo du Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen

Le 9 décembre 2022 s'est tenue à Metz la dernière séance plénière du Conseil parlementaire interrégional (CPI) sous la présidence de la Région Grand Est.

Lors de la 68<sup>e</sup> séance plénière, les membres du CPI ont exprimé la volonté de « se rapprocher de leurs voisins » et de renforcer la coopération avec le Conseil

rhénan, l'Assemblée interparlementaire Benelux et l'Assemblée parlementaire franco-allemande. En effet, les membres du CPI ont constaté que les sujets discutés au sein de ces quatre assemblées parlementaires étaient similaires et transversaux. Dans ce contexte, M. Charles Margue, en sa qualité de membre de la délégation luxembourgeoise, a mis en évidence qu'un quart de la population européenne effectue des déplacements transfrontaliers, d'où l'importance de la question récurrente du statut du travailleur transfrontalier.

### Message vidéo du Président de la Chambre des Députés

Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, n'ayant pas pu faire le déplacement à Metz, a félicité dans un message vidéo la Région Grand Est pour le travail effectué sous sa présidence. Lors de son message, M. Etgen a mis l'accent sur le contexte complexe et turbulent dans lequel s'est déroulée la présidence de la Région Grand Est, marquée notamment par les phénomènes météorologiques extrêmes ayant brutalement frappé la Grande Région, l'inflation massive ainsi qu'une flambée des prix de l'énergie causée par le retour de la guerre sur le continent européen.

Le Président du Parlement luxembourgeois a tenu à souligner que le CPI, en tant qu'assemblée parlementaire d'un espace transfrontalier unique, est capable d'apporter des solutions concrètes aux nombreux défis auxquels les citoyens sont actuellement confrontés. Il a rappelé que « peu de régions européennes sont aussi interconnectées et interdépendantes » que la Grande Région.

### Le travail de mémoire et l'éducation à la citoyenneté : priorités de la présidence rhénane

La 68<sup>e</sup> séance plénière du CPI étant la dernière organisée sous la présidence de la Région Grand Est, la Présidente sortante, Mme Brigitte Torloting, a symboliquement passé le flambeau au Président du Parlement du Land de Rhénanie-Palatinat, M. Hendrik Hering. Ce dernier a annoncé les deux grandes priorités de la présidence rhénane du CPI : le travail de mémoire et l'éducation à la citoyenneté. Il a saisi l'occasion pour inviter les membres du CPI à une séance plénière consacrée à la « Journée internationale dédiée à la mémoire des victimes de l'Holocauste » qui se tiendra le 27 janvier 2023 à Trèves.



## Réunion de la Commission permanente de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe (APCE)

## #EnRoutePourReykjavik



Mme Octavie Modert, Vice-Présidente de la délégation luxembourgeoise auprès de l'APCE, devant la bannière de la présidence islandaise du Conseil de l'Europe

L'Islande, qui reprend la présidence du Conseil de l'Europe, a organisé sa première réunion parlementaire en convoquant les membres de la Commission permanente de l'APCE le 25 novembre 2022 à Reykjavik. Se réunissant entre deux parties de session, la Commission permanente est habilitée à agir au nom de l'Assemblée lorsque celle-ci ne siège pas. Une déclaration en amont du 4<sup>e</sup> Sommet, un débat d'actualité sur la guerre en Ukraine ainsi qu'un événement sur la violence numérique à l'égard des femmes ont marqué cette édition.

**4<sup>e</sup> Sommet : un renouveau**

Saluant la décision du Comité des Ministres d'organiser un 4<sup>e</sup> Sommet des Chefs d'État et de gouvernement du Conseil de l'Europe à Reykjavik en mai 2023, les parlementaires ont adopté à l'unanimité une déclaration #EnRoutePourReykjavik. Ce texte souligne l'opportunité unique à saisir par l'organisation afin de jeter de nouvelles bases pour un Conseil de l'Europe résilient, tourné vers l'avenir et répondant aux attentes des citoyens. Les chefs d'État et de gouvernement du Conseil de l'Europe doivent sauvegarder et renforcer le système de la Convention, en veillant notamment à ce que l'exécution des arrêts de la Cour européenne des droits de l'homme dans tous les États membres soit une priorité. Les moyens politiques et financiers des organes statutaires ont été mentionnés, une question qui ressurgit régulièrement depuis l'expulsion de la Fédération de Russie du Conseil de l'Europe. Un autre rapport à l'ordre du jour vise à ce que l'organisation devienne « une pierre angulaire de l'architecture politique européenne ».

**Violence numérique envers les femmes**

À l'occasion de la Journée internationale pour l'élimination de la violence à l'égard des femmes, la présidence islandaise a consacré un événement aux nouvelles formes de violence en ligne, tels que le cyberharcèlement ou encore le chantage électronique. L'Islande, pionnière en matière de féminisme, est sans aucun doute un exemple à suivre en ce qui concerne la place des femmes dans la société. Pour

lutter contre le phénomène de la violence faite aux femmes, le Gouvernement islandais a choisi une approche reposant sur la prévention, l'éducation, le soutien aux victimes et une adaptation du système pénal. Une campagne de sensibilisation via les réseaux sociaux a été lancée avec la participation de 16 États membres. À cet effet, le Luxembourg a mis en place un site Internet (stopsexism.lu) et des spots vidéo sont projetés dans les salles de cinéma.

**Lutte contre l'impunité des responsables de la guerre**

Le Président de la Commission des questions juridiques, le parlementaire suisse M. Damien Cottier, a ouvert le débat d'actualité sur l'escalade de la guerre d'agression de la Fédération de Russie contre l'Ukraine. Il a fait le point sur les dernières atrocités dévoilées en revenant sur la découverte de centres de torture et la destruction d'infrastructures civiles vitales, cibles névralgiques touchant l'électricité, le chauffage et l'eau potable. Dans la foulée, il a jugé ces exemples de crimes contre l'humanité et a soulevé la question du caractère génocidaire de ceux-ci, qui en est au moins au stade de la tentative de génocide. Les autres intervenants ont continué à faire pression pour contribuer à la création d'un tribunal spécial et de penser d'ores et déjà à la reconstruction de l'Ukraine. Ces éléments serviront de base à la préparation d'un rapport qui devrait être débattu d'urgence lors de la première partie de session en janvier 2023 au Palais de l'Europe à Strasbourg.

## Visite de travail à la Chambre



Une délégation du Groupe de travail des Nations Unies (ONU) sur les entreprises et les droits de l'homme a été reçue le 7 décembre 2022 à la Chambre des Députés. Lors de cette visite de travail, l'échange avec des députés présidents de commissions parlementaires a porté sur les entreprises et les droits de l'homme, tant au niveau national qu'international. La délégation de l'ONU avait plusieurs réunions au Grand-Duché en vue de la rédaction d'un rapport sur le sujet.

**L'Administration parlementaire recrute :**

- un juriste (m/f/d) pour les besoins du service juridique, titulaire d'un diplôme de niveau master, sous le régime du fonctionnaire-stagiaire
- un technicien en informatique (m/f/d) pour les besoins du service des technologies de l'information, titulaire d'un diplôme de niveau baccalauréat, sous le régime du fonctionnaire (par la voie du changement d'administration)
- un chercheur (m/f/d) spécialisé en sciences juridiques pour les besoins de la cellule scientifique, titulaire d'un doctorat en droit, sous le régime du fonctionnaire (stagiaire ou par la voie du changement d'administration) ou du salarié de droit privé
- un chercheur (m/f/d) spécialisé en sciences humaines et sociales pour les besoins de la cellule scientifique, titulaire d'un doctorat en sociologie, en anthropologie ou en histoire contemporaine, sous le régime du fonctionnaire (stagiaire ou par la voie du changement d'administration) ou du salarié de droit privé

En cas d'intérêt, veuillez vous référer au lien suivant :  
[https://www.chd.lu/fr/offres\\_emploi](https://www.chd.lu/fr/offres_emploi)



## Système de qualité ou de certification des produits agricoles

### 7672 – Projet de loi relative à l'agrément d'un système de qualité ou de certification des produits agricoles

Le projet de loi sous rubrique prévoit l'introduction d'un agrément pour les systèmes de qualité ou de certification de produits agricoles.

De nombreux labels luxembourgeois ou étrangers existent actuellement déjà sur le marché, mais les exigences d'obtention de ces labels sont très variables. Face à une multitude de labels, le consommateur est souvent dépassé et il est difficile pour lui de faire un choix éclairé lors de l'achat de ces produits.

L'objectif de ce projet de loi est de protéger la bonne foi des consommateurs et de fournir aux producteurs des outils concrets permettant d'identifier et de mieux promouvoir les produits ayant des caractéristiques spécifiques. Il importe de souligner que la participation au système de qualité ou de certification est volontaire.

Afin d'obtenir un agrément en tant que système de qualité pour un produit agricole, les groupements de producteurs doivent respecter au niveau de leur cahier des charges un critère obligatoire défini pour chacun des trois piliers « Qualité – Saveur », « Régional – Solidaire » et « Environnement – Bien-être animal » et au moins deux critères par pilier parmi les critères facultatifs énumérés dans le texte de la future loi.

La loi en projet entend aussi substituer l'agrément de systèmes de qualité ou de certification des produits agricoles à la pluralité de marques nationales, par l'abrogation de la loi qui leur sert de base, la loi du 2 juillet 1932 concernant la standardisation des produits agricoles et horticoles et la création d'une marque nationale.

Dépôt par M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, le 17/09/2020  
Rapporteuse : Mme Tess Burton

Travaux de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural  
(Présidente : Mme Tess Burton) :

|            |                                                                                   |
|------------|-----------------------------------------------------------------------------------|
| 18/09/2020 | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi                      |
| 24/06/2021 | Examen de l'avis du Conseil d'État                                                |
| 20/07/2021 | Adoption d'une série d'amendements parlementaires                                 |
| 25/11/2021 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État<br>Adoption de deux amendements |
| 24/03/2022 | Présentation et adoption d'un projet de rapport                                   |

Vote en séance publique : 03/05/2022  
Loi du 3 juin 2022  
Mémorial A : 2022, n° 330, page 1

## Participation de l'État au financement de CLT-UFA et RTL Group

### 7914 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement de la mission de service public en matière de télévision, radio et activités digitales confiée à CLT-UFA et RTL Group pour les exercices 2024 à 2030 inclus

Le projet de loi 7914 vise à autoriser le financement de la mission de service public en matière de télévision, radio et activités digitales confiée à CLT-UFA et RTL Group pour les années 2024 à 2030. Contrairement aux mécanismes préconisés jadis, il est dorénavant opté pour un financement ex post d'au moins une partie des déficits encourus par CLT-UFA et RTL Group dans l'exercice de la mission de service public susmentionnée ; ce financement annuel est assorti d'un double plafond, c'est-à-dire que ce dernier ne peut nullement dépasser les découverts maximums annuels précisés par le présent projet de loi et en aucun cas d'espèce ce financement ne saura dépasser 15.000.000 euros par année. La contribution financière totale à autoriser par le présent projet de loi s'élève à 97.561.251 euros.

Dépôt par M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias, le 23/11/2021  
Rapporteur : M. Guy Arendt

Travaux de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

(Président : M. Guy Arendt) :

|            |                                                                                       |
|------------|---------------------------------------------------------------------------------------|
| 04/01/2022 | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation et examen du projet de loi                |
| 19/04/2022 | Examen de l'avis du Conseil d'État<br>Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique : 03/05/2022  
Loi du 23 mai 2022  
Mémorial A : 2022, n° 251, page 1

## Prolongation de l'aide aux coûts non couverts et de l'aide de relance

### 7976 – Projet de loi portant modification de : 1° la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ; 2° la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance

Le présent projet de loi a pour objet de prolonger l'aide aux coûts non couverts et l'aide de relance, avec quelques ajustements, pour une durée supplémentaire de quatre mois. Ainsi, la fin des aides coïncide avec l'expiration de l'encadrement temporaire des aides d'État de la Commission européenne. À cette fin, le projet de loi apporte des modifications à deux projets de loi, à savoir (1) la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises et (2) la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance.

L'aide de relance sera prolongée en faveur de tous les secteurs d'activités qui y sont actuellement éligibles et sera étendue aux gestionnaires d'organismes de formation professionnelle dont les activités ont été fortement impactées par la vague Omicron. Le montant de l'aide accordée à une entreprise par travailleur salarié ou indépendant diminuera progressivement. Le montant sera fixé à 1.000 euros par travailleur salarié ou indépendant pour les mois de mars et avril 2022 et à 500 euros pour les mois de mai et juin 2022. Il est par ailleurs proposé de supprimer les 250 euros qui sont alloués actuellement par travailleur au chômage partiel.

L'aide aux coûts non couverts est prolongée en faveur des seuls hôtels et les campings. Les charges d'exploitation de ces entreprises seront prises en compte à hauteur de 75 % pour la détermination des coûts non couverts servant de base pour le calcul de l'aide mensuelle. Les plafonds mensuels ainsi que les taux d'intensité des aides fixés à 70 %, respectivement 90 % des coûts non couverts, selon la taille de l'entreprise, resteront inchangés.

Les dépenses engendrées par les aides du présent projet de loi sont estimées à 14 millions d'euros.

Dépôt par M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes, le 10/03/2022  
Rapporteuse : Mme Simone Beissel

Travaux de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme  
(Présidente : Mme Simone Beissel) :

|            |                                                                                                                                                         |
|------------|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| 24/03/2022 | Désignation d'un rapporteur<br>Présentation du projet de loi<br>Examen de l'avis du Conseil d'État<br>Adoption d'une série d'amendements parlementaires |
| 20/04/2022 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État<br>Présentation et adoption d'un projet de rapport                                                    |

Vote en séance publique : 28/04/2022  
Loi du 10 mai 2022  
Mémorial A : 2022, n° 227, page 1

## Sécurité sociale : régime de protection temporaire

### 7982 – Projet de loi portant modification des articles 1<sup>er</sup> et 32 du Code de la sécurité sociale





En date du 4 mars 2022, le régime de protection temporaire fut déclenché par la décision d'exécution 2022/382 du Conseil de l'Union européenne sur base de l'existence d'un afflux massif de personnes déplacées en provenance d'Ukraine.

Le statut de protection temporaire est un statut de protection spécifique qui se base sur la Directive 2001/55/CE du 20 juillet 2001 relative à des normes minimales pour l'octroi d'une protection temporaire en cas d'afflux massif de personnes déplacées et à des mesures tenant à assurer un équilibre entre les efforts consentis par les États membres pour accueillir ces personnes et supporter les conséquences de cet accueil.

Actuellement, la législation ne prévoit pas qu'un bénéficiaire d'une protection temporaire soit obligatoirement affilié à l'assurance maladie, l'affiliation n'étant aujourd'hui possible que sur base volontaire, ce qui implique un délai de carence pour l'obtention des prestations. Par ailleurs, les bénéficiaires de la protection temporaire ne bénéficient pas actuellement d'un revenu de substitution cotisable, auquel cas ils seraient obligatoirement affiliés en vertu des dispositions de l'article 1<sup>er</sup> du Code de la sécurité sociale (CSS), mais ont accès au marché de l'emploi et aux mesures d'insertion professionnelles aussi longtemps que le statut est maintenu (durée de l'attestation).

Le présent projet de loi vise à modifier l'article 1<sup>er</sup> du Code de la Sécurité sociale en incluant les bénéficiaires de la protection temporaire (ajout d'un nouvel point dans la liste de l'alinéa 1<sup>er</sup>) et de préciser dans l'article 32, alinéa 1<sup>er</sup>, du même code que la charge des cotisations revient à l'État, à l'instar d'autres bénéficiaires déjà repris dans le même tiret à modifier (8<sup>e</sup> tiret).

Outre la simplification administrative apportée par une telle modification, cette dernière a pour but d'aligner le dispositif de l'assurance obligatoire (art. 1<sup>er</sup> du CSS) sur les mêmes droits en matière d'emploi et travail conférés par les dispositions actuellement en vigueur.

Dans ce contexte il y a lieu de noter que l'accès au marché de l'emploi et à l'affiliation obligatoire est limité à la fois dans le temps, par la durée de l'attestation émise, qu'au niveau des bénéficiaires de la protection temporaire en application des dispositions régissant ce dispositif.

Finalement, comme le dispositif de la protection temporaire a été déclenché en date du 4 mars 2022, il est également proposé que les modifications apportées par le présent projet produisent leurs effets à la même date pour les bénéficiaires de la protection temporaire dont l'affiliation commence au plus tôt à la date de la demande de la protection temporaire une fois l'attestation émise.

Dépôt par M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale, le 23/03/2022

Rapporteur : M. Mars Di Bartolomeo

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale  
(Président : M. Dan Kersch) :

26/04/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi  
Examen de l'avis du Conseil d'État

28/04/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 28/04/2022

Loi du 10 mai 2022

Mémorial A : 2022, n° 226, page 1

## Réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers

### 7988 – Projet de loi instaurant une compensation financière permettant la réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers

Le projet de loi met en œuvre une des mesures de l'accord signé le 31 mars 2022 dans le cadre du Comité de coordination tripartite. Il prévoit une réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers compte tenu de la hausse considérable des prix de ceux-ci depuis quelques mois.

Une compensation financière est instaurée pour les opérateurs économiques ayant mis à la consommation ces produits pétroliers afin de réduire le prix de vente de ces produits au bénéfice des consommateurs finaux.

La réduction du prix de vente d'un montant de 7,5 centimes d'euro par litre pour le gasoil utilisé comme carburant pour des utilisations industrielles et commerciales et le gasoil utilisé exclusivement pour des travaux agricoles et horticoles, dans la

pisciculture et la sylviculture sera d'application jusqu'au 31 juillet 2022. La réduction du prix de vente d'un montant de 7,5 centimes d'euro par litre pour le gasoil utilisé comme combustible (« mazout ») sera d'application jusqu'au 31 décembre 2022.

Les dépenses engendrées par la mesure de compensation permettant la réduction temporaire du prix de vente de ces produits pétroliers sont estimées à 12 millions d'euros.

Dépôt par Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 08/04/2022

Rapporteur : M. Gilles Baum

Travaux de la Commission spéciale « Tripartite »

(Président : M. Gilles Baum) :

20/04/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

28/04/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 28/04/2022

Loi du 12 mai 2022

Mémorial A : 2022, n° 230, page 1

## Covid-19 : Prolongation du congé pour raisons familiales

### 7990 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1<sup>er</sup> modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2<sup>e</sup> dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail

Le présent projet de loi vise à prolonger les dispositions introduites par la loi du 22 janvier 2021 en ce qui concerne les articles 4 à 7 de la même loi jusqu'au 23 juillet 2022 inclus.

De même, il est proposé que la présente loi entre en vigueur le lendemain de la fin de la disposition actuellement en vigueur pour éviter un quelconque vide juridique, c'est-à-dire le 1<sup>er</sup> mai 2022.

Face à une forte augmentation des infections de Covid-19 et face au risque de fermetures des établissements d'enseignement et d'accueil par décision du Gouvernement, une dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51 et L. 234-53 du Code du travail a été introduite. L'objectif était de créer la possibilité d'un droit au congé pour raisons familiales pour les parents dont les enfants ne peuvent pas être pris en charge à l'école, dans un service d'accueil ou d'éducation pour enfants ou dans une autre structure d'accueil, parce que ceux-ci ont été partiellement ou totalement fermés ou encore parce qu'il a été décidé de mettre en place un système d'enseignement à distance partiel. Cette dérogation temporaire a depuis été prolongée à plusieurs reprises. La dernière prolongation en date a été introduite par la loi du 28 février 2022 et reste applicable jusqu'au 30 avril 2022. Au vu du nombre élevé actuel d'infections avec le variant Omicron, la nécessité de prolonger les dispositions au-delà du 30 avril 2022 s'impose.

Dépôt par M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 11/04/2022

Rapporteur : M. Dan Kersch

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale  
(Président : M. Dan Kersch) :

26/04/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

28/04/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 28/04/2022

Loi du 17 mai 2022

Mémorial A : 2022, n° 234, page 1

## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 07

M. Fernand Etgen, Président

### 2. Débat sur le programme de stabilité et de croissance (PSC) et le programme national de réforme (PNR) ..... p. 07

Débat : M. Gilles Roth (interventions de M. Fernand Kartheiser, M. Mars Di Bartolomeo, M. Gilles Baum, M. Dan Kersch, M. Laurent Mosar et M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie) | M. André Bauler (interventions de M. Gilles Roth, M. Léon Gloden, M. Mars Di Bartolomeo, M. Gilles Baum) | Mme Francine Closener | M. François Benoy (intervention de Mme Martine Hansen) | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Claude Wiseler, M. Mars Di Bartolomeo et M. Dan Kersch) | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement | M. Laurent Mosar | M. Marc Spautz (interventions de M. André Bauler, M. Gilles Baum et M. Mars Di Bartolomeo)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Franz Fayot et Mme Yuriko Backes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 09.00 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

## 2. Débat sur le programme de stabilité et de croissance (PSC) et le programme national de réforme (PNR)

D'Chamber féiert haut de Moien d'Debatt iwwert de Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm PSC an iwwert den nationale Reformprogramm PNR. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht. An et hu sech schon ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här André Bauler, d'Madamm Francine Closener, den Här François Benoy, den Här Roy Reding, d'Madamm Nathalie Oberweis, den Här Sven Clement, den Här Laurent Mosar an den Här Marc Spautz. Et ass awer den Här Fernand Kartheiser, deen amplaz vum Här Roy Reding fir d'ADR intervenéiert.

Ech géif elo d'Wuert un den honorabelen Här Gilles Roth ginn, den éischten ageschriwwene Riedner. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Très bien!

**Une voix** | En huet nach näischt gesot!

(Hilarité)

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Är Ried war kuerz.

(Hilarité et brouhaha)

**Débat**

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Madamm Minister, gudd Moien alleguerten. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, am Ufank vu menger Ried e Merci ze soen: e Merci ze soen der Finanzministesch an och e Merci ze soen dem Wirtschaftsminister fir hir Presentatioun gëschter vum dem Stabilitéitspak an och dem Plan national de réforme.

Ech wëll awer och de Beamte Merci soen, déi Iech – an dat steet Iech zou! – gehollef hunn, déi Dokumenter alleguerten zesummenstellen. Dat ass eng intellektuell Aarbecht, et ass eng materiell Aarbecht, mee et ass virun allem eng Heedenaarbecht, fir alljoers deem Rendez-vous vu Bréissel gerecht ze ginn.

Et ass och – an ech soen dat ganz kloer – keng einfach statistesch Waasserstandsmeldung, déi mer am Kontext

vun dem europäesche Semester op Bréissel schécken. Et ass eng Hellewull un Dokumenter. Mee déi Dokumenter, dat ass eng Weichstellung, déi erlaben eis, och iwwert déi zukünfteg politesch Ausrichtung wirtschaftlecher, finanzieller an och sozialer Aart ze diskutéieren.

Déi Dokumenter wäerten och, egal wien an den nächste Joren hei am Land d'Verantwortung dréit, déi politesch Ausrichtung matsteieren. Ech muss och dofir gradesou daitlech soen, dass ech et bedauerlech fannen, Madamm Finanzminister, als Vertrieeder vun der Regierung, dass d'Regierung eigentlech dovun ofgesinn huet, an dëser Zäit en Débat de la nation ofzehalen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ech fannen dat net normal! Ech fannen et net normal, dass en Debat iwwert den État de la nation – den Zoustand vun der Natioun! –, dee grad déi wirtschaftlech, sozial an och déi finanziell Eckrumm vun der ganzer politescher Féierung soll duerstellen, dass dee grad an dësem Joer 2022 net stattfénnt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Well wa mer net dëst Joer iwwert den Zoustand, iwwert den État de la nation diskutéieren, wou mer aus enger Pandemiekrise erauskommen, wou mer an enger Energiekrise sinn, wou mer a geopoliteschen Tensiounen sinn a wou mer riskéieren – an d'Madamm Finanzminister huet dat gëschter ënnerstrach –, an eng weltwäit Wirtschaftskris ze kommen, jo, wéini diskutéiere mer dann doriwwer?!

**Une voix** | Am Hierscht.

**M. Gilles Roth** (CSV) | An ech mengen, ...

(Interruption)

... dass hei wierklech vun dem Premier, mat der ganzer Regierung, deen demokrateschen Debat, deen eng Natioun, och d'Lëtzebuurger Natioun, verdéngt, ganz einfach esquivéiert gëtt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well d'Zäit vun der Schéi-Wieder-Politik, déi ass definitiv eriwuer!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | An d'Konscht vun der Politik, jo, d'Konscht vun der Politik, dat ass et, dat Schéff Lëtzebuerg och a méi stiermesche Gewässer ze féieren. D'Konscht vun der Politik ass et, grad an dësen Zäiten, sech ëm d'Suerge vun de Leit dobaussen ze bekëmmern.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | An Dir sidd jo Volleksvertreieder, grad wéi ech och, Dir kommt jo ronderëm – mir brauchen jo elo net méi ëmmer mat de Maske ronderëmzelaufen –, mee Dir wësst, dass d'Leit queesch duerch d'Land, vu Mondorf bis op d'Wemperhaart, vum Oste bis an den déiwe Süden, reell Problemer hunn!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | De wëlle Westen.

**M. Gilles Roth** (CSV) | An dat geet duerch sämtlech Bevëlkerungsschichten, duerch sämtlech Akommeschichten.

Duerfir fanne mir et net normal, dass mer hei net op dëser Plaz d'Zäit vun dem demokrateschen Debat gesicht hunn – d'Regierung an d'Parlament, mat sécherlech ënnerschiddleche Meenungen –, fir driwwer ze diskutéieren, wéi d'Leit mat hire Suerge eens ginn an, virun allem, wéi d'Leit eens ginn, fir d'Enner um Enn vum Mount zesummenzekréien. A fir vill kënn dat Enn vum Mount schonns virun dem 28. oder dem 30.

Dir Dammen an Dir Hären, ech fannen et net normal, dass mir mëttlerweile deen héchsten Aarmutsrisiko hei am Land hunn, deen d'Land jee kannt huet. Et ass net normal, dass 18 % vun de Leit hei am Land ënnert dem Aarmutsrisiko liewen. Et ass net normal, dass 24 % vun deene Jonken – an et gëtt jo vill vun deene Jonken hei geschwat – vun 18 bis 24, dat ass een op véier – een op véier vun deene Jonken zwëschen 18 a 24 Joer! –, deene mer jo wëlle Perspektive ginn, deene mer musse Perspektive ginn, all politesch Parteie confondues, ënnert dem Aarmutsrisiko lieft! An et ass virun allem net normal, dass 41 % vun den Alengerzéier – 41 % vun den Alengerzéier! –, dat si Männer, dat si Fraen, dass déi ënnert dem Aarmutsrisiko liewen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Dat ass net normal!

An da geet et net duer, Dir Dammen an Dir Hären, dass ee Sonnesrieden hält a seet: „Mir gräfen Iech ënnert d'Äerm.“ A wann et dann heescht: „Weises zielt“, dass da kee méi do ass, dass da kee méi vun der Regierung sech emol esou engem demokrateschen Debat wëllt stellen.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass och net normal, dass mer ëmmer soen: „Mir paken et un.“ D'Wunnungsbauprämisse waren nach ni esou héich wéi elo! D'Wunnungsbauprämisse sinn zënter 2013 bis 2022 carrement explodéiert, jo, se hu sech verduebelt.

An ech gesinn nach d'Madamm Nagel – dat war déi Madamm, déi sollt Neel mat Käpp maachen –, wéi déi ugetrueden ass, wéi se geizelt huet, si géif elo Zéngtausende Wunnenge bauen! Et vill Wunnengen huet de Staat iwwer seng Wunnungsbaugesellschaft gebaut?! Am Duerchschnitt 200 Fonds du logement an 200 SNHBM. Mat allen Efforten, déi se maachen ..., mee et ass d'Resultat, wat zielt. „Mir maachen alles aneschtens.“ „Mir maachen alles besser.“ „Mir maachen mat manner méi.“ A wat ass geschitt? Guer a glat näischt!

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

(Brouhaha)

Här President ... Här Bartolomeo, Dir kënn herno ... Dir waart Chamberspräsident. Dir schreift Iech herno ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Ech erënnere, Här Roth, un ...

**M. Gilles Baum** (DP) | Wien hat de Logement zur Chefsaach erkläert 2002?

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Di Bartolomeo, den Här Roth huet d'Wuert.



(Interruption)

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President, ech weess, dass dat d'Kolleege vun de Sozialisten heibannen nervös mécht.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo!

**Une voix** | Nee!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Et ass och net normal, Här Bartolomeo, dass d'Leit esou steierlech belaaßt ginn. Dir, ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | A!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... aner Parteien ... An ech huelen och do d'CSV an d'Gebiet, ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Aa!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... mee mir haten déi lescht zéng Joer net d'Méiglechkeet, d'politesch Gestaltung um Niveau vun der Regierung ze maachen.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Et lauschtert nëmmen een Drëttel vun Ärer Fraktioun Iech no!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mee et kann een net permanent all fënnf Joer de Leit soen, an de Walversammlungen, op de Plakater: „Mir flaachen de Mëtzelstandsbockel of.“ A wat ass dann, wann d'Walen eriwuer sinn? Jo, da muss grad de Mëtzelstand de Bockel duerhalen, fir als Mëllechhou d'Staatskeesen ze fëllen.

**M. Gilles Baum** (DP) | Kuckt emol de Rapport vum Conseil économique et social no der Steierreform 2017!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President ...

**M. Gilles Baum** (DP) | Do gesitt Der genau, dass, de Mëtzelstandsbockel ofgeflaacht ginn ass.

(Brouhaha général)

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President ...

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Hien huet Recht!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ass et mat den CSV-Versprechen? Ma fir eis muss Aarbecht sech lounen, Här Kartheiser!

(Interruptions diverses)

A mir halen et mat der Caritas, déi an enger Publikatioun geschriwwen hunn, déi Der alleguerten zougedroen kritt hutt, ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | D'Caritas awer scho laang net méi mat Iech!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... „Pauvreté laborieuse“, dat heescht Working Poor: „Le travail n'est plus une garantie pour échapper à la pauvreté.“ Dat ass d'Resultat, Dir Dammen an Dir Hären, vun dëser Regierungspolitik iwwert déi lescht néng Joer.

A wa mer dann op déi Dokumenter zréckkommen, déi ausgedeelt goufen, da kréie mer dat jo och verdäitlecht. Well an deenen Dokumenter, do ass vill Zuelematerial, mee et steet och vill Konkreetes dran.

An ech wëll dat ganz kloer soen ... D'Madamm Ministesch sëtzt do an den Här Fayot sëtzt do. Här Fayot, ech weess, néng Auer ass fréi. Mir wier et fréier och esou gaangen.

(Hilarité)

Mee ech wëll dat ganz éierlech soen: Dir hutt dat objektiv an neutral duergestallt. An d'Madamm Finanzminister, contrairement – an dat rechnen ech hir héich un! – zu hirem Virgänger, huet och eng neutral

an eng Net-nëmmen-schéi-Wierder-Beschreibung vun den Zuele gemaach, déi d'Lëtzebuurger Land op Bréssel schreift. Ech soe ganz éierlech, dat rechnen ech hir héich un. An dat erlaabt och, méi en objektiven Debat iwwert déi Zuelen ze maachen, quitte dass se eng ënnerschiddlech politesch Gewichtung hunn.

Erlaabt mer duerfir, op eng Zuel anzegoen, déi d'Madamm Finanzministesch genannt huet, an dat ass déi vun der sougenannter „Trimesterzuel“. E Méindeg waart Der alleguerten an der Finanzkommissioun. Do hu mer eigentlech – an doriwwer sollte mer eis och freeën – festgestallt, dass iwwert déi éischt dräi Méint 227 Milliounen Euro méi Akommessteier, also Lounsteier, erakomm si wéi déi éischt dräi Méint am Joer 2021. Mir hunn och ... Ech weess, dass d'Steierdirektesch dat net gäre gesot huet, si huet et awer missen, op insistéierend Fro, an der Tripartite-Kommissioun soen, dass eigentlech de Staat mat enger Indextranche 250 bis 280 Milliounen Euro pro Joer bäikritt.

A wann ech déi Zuelen zugronn huelen, Dir Dammen an Dir Hären, dann erfëiert mech awer eppes, an dat ass Follgendes: De Staat huet am Joer 2020 en Defizit gemaach vun 3,1 Milliarden Euro – 3,1 Milliarden Euro! An et kann een och net, wéi dat de fréiere Finanzminister Gramegna ëmmer wollt duerstellen, soen: „Dat ass alles duerch d'Pandemie.“ Neen! Dir hutt déi Zuele gesinn: D'Pandemie huet genau 2 Milliarde kascht.

Dann hu mer fir dëst Joer 2022, wou mer nach net wëssen – kee vun eis heibannen, mir si jo net d'Auguren –, wat nach alles op eis zoukënn, et ka besser goen, et kann awer och méi schlecht goen ... Op jidde Fall geet d'Finanzministesch op Basis vun den Zuelen – et si jo déi, déi mer haut diskutéieren –, dervun aus, dass mer en Defizit maachen um Niveau vum Staat – ech soen dat esou, den Zentralstaat, dat ass fir d'Leit e Buch mat siwe Sigelen, mee vum eigentleche Staat – vun 1,6 Milliarden Euro.

Et kann een do och net soen, dat wier eenzeg an aleng duerch den Energiedesch oder d'Tripartite, well do si mer an engem Volume, dee sech de Moment beweegt ëm déi 830 Milliounen Euro, toutes aides confondues.

De Punkt, deen ech wëll hei soen, dat ass, dass de Staat – ouni Scholdzouweisungen ze maachen, mee einfach den niichtere Constat – 2021 an 2022 5 Milliarden Euro Defizit cumuléiert huet. Dat heescht am Kloertext, och 5 Milliarde Schold. Egal wéi een dat wëll dréien oder kéieren: Dat si 5 Milliarde méi nei Schold!

An dat, an ech baséiere mech och op Zuelen, trotz enger Akommessteier – dat heescht, där Steuer, déi d'Biergerinnen an d'Bierger bezuelen, déi virun allem géint Loun a Gehalt schaffen –, déi e Plus vu ronn 500 Milliounen Euro pro Joer ausweist. Trotz enger Betriffssteuer, déi an de leschte Joren net erofgaang ass, bréngt de Staat et eigentlech net fäerdeg, seng Finanzen esou ze stabiliséieren, dass, trotz deene „sprudelnden Einnahmequellen“, déi Defiziter um Niveau vun der Aktioun vum Staat selwer kéinten ausgegilt ginn.

Do muss ech ganz kloer soen: Do kann een net méi vun enger kopernikanescher Revolutioun schwätzen, well vun där net vill iwwregbleift.

Ech weess nach ganz genee, wéi Äre Virgänger hei ugetrueden ass an am Numm vun där neier Blo-Rout-Grénger-Regierung gesot huet, hien hätt eng katastrophal Finanzsituatioun virfonnt. Eng katastrophal Finanzsituatioun! D'Sozialisten, déi dräi Méint virdrun zwar nach matregéiert hunn, déi hunn dat alles matgedroen. Jo, alles matgedroen! Mee si hu sech awer net genéiert, dat do dräi Méint drop, am Dezember, no deenen houleuxen Debaten, déi mer 2013 haten, einfach matzeënnerschreiwen.

Abee, déi katastrophal Finanzsituatioun ... Ech wëll Iech just eng plakeg Zuel nennen. 2013, also wéi

Blo-Rout-Gréng ugefaangen huet, hat de Staat 11 Milliarden Euro Schold. A wéssst Der, wéi vill en der viraussichtlech Enn 2022 wäert hunn? 20 Milliarden Euro! Dat heescht e Plus vu carrement 9 Milliarden Euro Schold. Nom Motto: „Mir maachen alles anescht.“ „Mir maachen alles besser.“ An: „Mat manner méi.“

(Interruptions)

Jo, ech stellen eppes fest: D'Leit hu mat manner vill méi Schold, an déi Schold muss iergendwann eng Kéier zréckbezueelt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dat, wat mech awer ..., an ech mengen, dat ass déi Kärdisussioun – egal, wien am Land iwwert déi nächst fënnf, zéng Joer d'Verantwortung a wat fir enger Konstellatioun dréit –: déi iwwert den État brut vun de gesamtëffentleche Finanzen, wéi et sech eigentlech an zwou, dräi Zuele ganz verdäitlecht. Kuckt emol: Traditionell – an dat iwwert déi lescht 25 Joer, zënter deene Exercice gemaach gëtt um Niveau vun den europäesche Finanzen – ass, dass dat eigentlech Handele vum Staat, dat, wat mir d'„Administration centrale“ nennen, dat heescht, den Zentralstaat, an der Reegel mat ganz klengen Ausnamen – ech mengen, 2007 hate mer dat – ëmmer defizitär ass. An de Gemengen ass dat plus ou moins am Gläichgewicht, dank notament der Stad Lëtzebuerg, déi do d'Chance huet, d'Betriffssteuer vun deene meeschte Betriber, déi bei hinnen op dem Territoire sinn, ze kréien.

**M. Gilles Baum** (DP) | Déi hunn e gudde Finanzschaffen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Deen drëtte Pilier, ...

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... hei, kuckt, deen drëtte Pilier, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass dee vun der sozialer Versécherung, der Sécurité sociale. An d'Sécurité sociale, Här Di Bartolomeo, déi huet et eigentlech ëmmer fäerdegbruecht, dass mir konnten zu Bréssel soen: „Hei, kuckt emol, mir si Musterschüler.“ Firwat? Mee well mer an der Sécurité sociale an der Reegel 1 Milliard pro Joer Iwwerschoss haten, wat dann den Defizit vum Zentralstaat ausgegilt huet. An duerfir konnte mer soen: „Ma kuckt emol, mir sinn Dichteger zu Lëtzebuerg. Bei eis sinn déi gesamt-ëffentleche Finanzen am Plus.“

An do huet mech eppes ... An d'Finanzministesch huet dat och gëschter neutral gesot, an dat muss eis awer, trotz alle politeschen Divergenzen, an Hannerkapp bleiwen: De Saldo vun der Sécurité sociale war 2021 e Plus vun 900 Milliounen Euro; 2022: 900 Milliounen Euro; 2023 gi mer op 745 erof, fir dann 2026, also an dräi an engem hallwe Joer, op engem Plus vun nach 242 Milliounen Euro ze landen.

Dat heescht: Déi Mouk, déi mer ëmmer haten an der Duerstellung vun de gesamtëffentleche Finanzen, an dat war nun emol den Iwwerschoss an de soziale Versécherungen, riskéiert, mat der Zäit no ënnen ze goen.

An ech wëll dat ganz sober soen, ouni politesch Bewäertung, mee ech wëll awer drop hiewisen, wat fir eng wichteg a weesentlech Fro dat ass fir déi politesch a virun allem déi sozial Kohäsioun bei eis am Land. An ech hunn et ganz gutt fonnt, dass ënnert der Federführung, mir sinn eis jo net ëmmer eens, Här Kersch, vun Iech als neiem President vun der Sozialkommissioun, ... dass Der direkt, nodeem de Stabilitéitsmechanismus e Méindeg virgestallt ginn ass, eng Sitzung vun der Sozialkommissioun zesummegeruff hutt, fir dass een och dat op Basis vun niichteren Zuelen ka bewäerten.

Ech wëll nämlech Folgendes soen: Mir hunn do dräi Eckdaten. 2027, dat heescht an dräi an engem hallwe Joer, geet déi sougenannte Prime de répartition, dat heescht, de Bättragsaz vun deene 24 % pro Joer, net méi duer, fir d'Leeschungen auszegläichen, déi um Niveau vun der Sécurité sociale bezuelt ginn. Dat heescht am Kloertext, dass fir en normale Loun- a Gehaltsempfänger ... Dee gétt jo 8 % vu sengem Bruttoloun of an d'Pensiounskeess, 8 % leet de Patron bäi an 8 % leet de Staat bäi; 8 plus 8 plus 8 mécht 24.

Abee déi dräi Bätträg sollen no den Zuele vun der genereller Inspektioun vun der Sécurité sociale ab 2027 net méi duergoen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, erlaabt Der, datt den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ech géif soen, loosst mech d'Räsonnement fäerdeg maachen.

*(Interruption par M. Dan Kersch)*

Jo. 2041 komme mer mat de Pensiounsreserven – well do ass jo nach eng grouss Mouk –, do komme mer eigentlech deenen Zuelen no ënnert déi 1,5-mol d'Joresleeschtung. An 2047 sinn am Prinzip, no deem Zuelematerial, dat d'IGSS geliwwert huet, keng Reserve méi do.

Elo kéint een dat, wouvun ech awer wëll ofgesinn, an ech wëll och duerfir, dass Der meng Interventioun deemstspriechend bewäert ... Do kënnen natierlech déi Leit, déi an de 60er-Jore gebuer sinn, soen: „Ma lauschtert emol, 2047 hunn ech de Gros vu mengem Liewe gemaach a fir mech ass nach genuch do.“ Déi Leit, déi an den 2000er gebuer sinn, déi kéinten eigentlech gradesou flappseg, wat ech awer net wëll, soen: „Ma lauschtert emol, ech fänken u mat schaffen, ech bezuelen an e System an, deen ab 2027 no dem Zuelematerial a priori defizitär ass, a wann ech da soll eng Kéier dervu beneficiéieren, da gesinn ech, dass ab 2047 net méi vill do ass.“

Dat dierf een net esou flappseg bewäerten. Well éischters hu mer jo e Korrektionsmechanismus, deen 2012, iwwregens ënnert der Fiederféierung vun dem fréiere Sécurité-sociales-Minister, dem Mars Di Bartolomeo, mat enger CSV-Bedeelegung agefouert gouf, nom Motto: Iwwert d'Pensioun schwätzt een net vill, mee et handelt een. Dat fannen ech déi richteg Approche, gradewéi ech soen: Et muss een, no där flappseger Duerstellung, déi ech virdu gemaach hunn, déi ganz Situatioun mat ganz vill Fangerspëtzegefill huelen, well do sti jo ganz vill Sujeten um Spill.

Éischters: d'Generatiounegerechtkeet vun dem Finanzement vun onsem Sécurité-sociales-System. Et sinn och Diskussiounen iwwer Renterechter, déi d'Frontalier hunn, déi jo hei abezuelt hunn. An aus deem Grund, an dat ass de Sënn vu menger Interventioun, musse mer dee Problem vun de Renten, vun de Pensiounen – egal wien d'Verantwortung am Land huet, ob déi do Säit, ob déi do Säit, oder wa se eng Kéier sollt wiesselen, ech weess et net – am Hannerkapp hunn.

Et dierf een d'Aen net do virdu zoumaachen, mee et muss ee mat roueger Hand agéieren. An et muss een eppes maachen. Wann een dat bildlech wëllt duerstellen: Dee ganze Renteesystem Lëtzebuerg ass eppes wéi en Ozeandampfer. Also do geet et net, fir d'Steierad esou eriwirzerappen, well soss fiert d'Rudder futti. Mee et geet awer och net, fir ze laang net ze handeln, well soss geet et wéi bei der Titanic: Wann een ze spéit um Rudder lichter Ajustement mécht, da riskéiert een, net laanscht en Äisblock ze kommen an d'ganz Schëff riskéiert ënnerzegoen.

Dat ass fir mech – ech soen dat fir mech – déi weesentlech Erausforderung, onofhängeg vu villen anere Froen, déi sech stellen, déi iwwert déi nächst 20, 25 Joer fir d'Stabilitéit an d'Kohäsion vun onsem

Land wäerte stoen. An ech fannen et duerfir och richtig, ofschléissend zu deem dote Punkt, dass et e generelle Konsens ass an der Chamberskommissioun, fir den Avis préalable vum Wirtschafts- a Sozialrot, grad ewéi vun anere Gremie mat där Fro, ze saisiéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, ...

**M. Gilles Baum** (DP) | Här Roth, ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... de Sozialdialog, deen ech hei ugeschwat hunn, deen ass ... Ech géif soen, Dir intervenéiert herno. De Sozialdialog, deen ech hei ugeschwat hunn, steet fir d'CSV héich – ech hunn dat hei gesot virun engem knappe Mount, wou d'Resultater vun der Tripartite virgeluecht gi sinn – an dee muss, grad an dësen ugespaanten Zäiten, méi spille wéi jee. Dat ass d'Stäerkt vun eise Land. A mir stinn och dozou als CSV, am Sënn vun der sozialer Kohäsion, am Sënn vun dem soziale Fridden.

An zum Sozialdialog, Dir Dammen an Dir Hären, zu dem Lëtzebuerg Modell, zu der Tripartite zielt fir eis och den Index. An den Index, an ech soen et nach eng Kéier, muss voll zum Droe kommen an Zäiten, an deenen et gutt geet. Den Index kann an eisen Aen och Upassunge kréien an Zäiten, an deenen esou eng Uspannung ass an den deenen d'Wirtschaft, déi och zu dem Lëtzebuerg Sozialmodell zielt, successiv Indextranché pro Joer eigentlech net méi verdréit.

Mir sinn awer gradesou der Iwwerzeegung, dass een de Leit besonnesch an dësen Zäite muss en Ausgläich vun der Kafkraaft ginn. An duerfir si mer och frou, dass den Index 2022 am Abrëll gespilt huet. Well den Index huet eppes Guddes, trotz de villen Nodeeler, déi en huet, dat ass: Dat Verhältnis, wat ech zwëschen zwee Léin hu virun enger Indextranche, bleift, wat de Brutto ubelaangt, dat selwecht Verhältnis duerno. Och dat ass eppes, wat zur Stabilitéit, wat zur sozialer Kohäsion an zu villen Netdiskussiounen an de Betriber an op anere Plaze féiert.

Mir begleeten duerfir als CSV déi Tripartite-Beschlëss konstruktiv mat. Mee ech soe gradesou daitlech nach eng Kéier: Mir kafe keng Kaz am Sak. Well d'Chamber huet jo net iwwert den Tripartite-Beschloss als solchen ze befannen. Dat waren d'Verhandlungspartner oder déi, déi den Tripartite-Beschloss ofgeschloss hunn. Mee d'Chamber huet awer iwwert déi Gesetzter ze befannen, déi den Tripartite-Beschloss ëmsetzen.

An ech fannen et och duerfir richtig, an ech begrëssen dat nach eng Kéier, ech ënnersträichen dat: Ech mengen, déi Diskussiounen an der Tripartite-Kommissioun, déi instituéiert gouf, wou mer en unanimmie Beschloss geholl hunn an der Chamber, verlaangen awer eng Rei vu Kloeerheeten. Well ech soe ganz éierlech: No deene Sitzungen, déi mer d'lescht Woch ënnert dem President Gilles Baum haten, ass fir mech vläicht dat Zuelematerial vum Statec, wat jo zugronn louch, op eenzele Punkte méi kloer ginn, mee ech soe richteraus: Ech hunn, an ech mengen, zumindest op dëser Säit, ouni dass ech wierkelech engem wëll hei op d'Féiss trëppelen, huet net jiddereen ..., also ech hunn net alles verstanen, wat do erkläert gouf an och, wat un Dokumenter virgeluecht gouf.

Ech soen Iech e konkret Beispill: Ech kann eigentlech mat deem empireschen Empfangen, wat ech hunn, net novollzéien, dass Leit, déi dann am drëtten Quintile – wat ass dat? – 68.000 Euro versteierbare Revenu d'Joer hunn, souguer wann déi Indextranche am August net géif erfalen, kee Kafkraaftverloscht hätten. Dat hunn ech net verstanen. Ech hu Verschiddenes verstan. An dem éischten Quintile, dat sinn déi 0 bis 44.000 Euro, dat hunn ech verstan. Mee dat anert, beim beschte Wëllen – an dat ass kee schlechte Wëllen, ech wëll dat wierkelech soen –, hunn ech net verstan, an ech weess, ouni dass ech hei d'Nimm nennen, eenzel

Vertrieder vun eiser Fraktioun och net. Do ass also nach Klärungsbedarf.

Den zweete Punkt ...

**M. Gilles Baum** (DP) | Dofir komme mer jo och nach zesummen!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, jo. Den zweete Punkt ass deen, ouni dass ech dat wëll bewäerten, mee och do sinn awer Saachen, déi ech net esou richtig verstinn ... Ech verstinn eigentlech net, dass mer soen: „Mir gläichen d'Kafkraaft aus“, an dann huelen ech e Stot mat zwee Akommessen, sief dat eng Pensioun oder zwee Salairé vun 3.000 Euro, déi kréien dann, jiddwereen, 84 Euro de Mount bäi. Dat heescht, déi kréie vum Staat – ech soe vum Staat – 168 Euro de Mount.

Wann ech dann dee selwechte Stot kucken, deen amplaz zwou Pensiounen vun 3.000 eng Pensioun vu 6.000 huet oder amplaz zwee Salairé vun 3.000 ee Salaire vu 6.000, dat heescht, de Bedarf vu Kafkraaft ass an deenen zwee Stéit absolutt dee selwechten ...

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Et ass beim Index.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Wann nëmmen eng Pensioun oder eng Pai do ass, da kréien déi 66 Euro. Mee de Kafkraaftbedarf, deen ass dee selwechten.

Den Här Fayot seet: „Den Index.“ Jo, Här Fayot, beim Index, do kritt dee Stot 2,5 %, ob deen zwou Paien huet vun 3.000 oder eng Pai vu 6.000 oder zwou Pensiounen vun 3.000 oder eng Pensioun vu 6.000. Dat heescht, allkéiers 2,5 % vu 6.000, dat gétt 150 Euro. Dat heescht beim Index, wann den Index geholl gétt, fir d'Kafkraaft auszegläichen, kréie se brutto dat selwecht. A wa se hei de Steierkredit kréien, dann ass do eng Differenziatioun. An ech mengen, et ass och duerfir ... Ech muss dat verstoe kënnen. Dat musst Der mer jo awer zougestoen.

An ech mengen, dass ee vun de Vertragspartner, deen ënnerschrifwen huet, nämlech d'CGFP, dat och net esou richtig verstanen huet. Nämlech schreiw si an enger Pressemitteilung – déi hutt Der jo elo alleguete gelies oder net gelies, mee ech liesen Iech se duerfir vir –: „So gelte es z. B.“, seet d'CGFP, „sicherzustellen, dass beim Ausgleichsmechanismus die Alleinerziehenden sowie Familien mit nur einem Einkommen, nicht das Nachsehen gegenüber Haushalten haben, die zwei Gehälter beziehen.“ Also näischt aneres wéi dat, wat mir schonn virun enger Woch als Fro opgeworf hunn. „Die Berechnungen sollten zudem unterschiedlich erstellt werden, je nachdem ob und wie viele Kinder dem betreffenden Haushalt angehören.“ Also, Dir Dammen an Dir Hären, do schéngt et awer fir eis nach Klärungsbedarf ze ginn.

A mir fillen eis nodréiglech nach eng Kéier dora bestätegt, wa scho Leit, net nëmmen d'Verhandlungspartner, wéi den OGB-L, deen net ënnerschrifwen huet, mee och nach d'Vertragspartner a Verhandlungspartner wéi d'CGFP, déi gréisste Gewerkschaft aus dem öffentlichen Déngscht, eigentlech och nach Froen hu par rapport zu deem, wat se mat der Regierung ofgemaach hunn. An ech soen duerfir nach eng Kéier, och haut an der öffentlecher Sitzung: Mir hunn dat gemaach d'leschte Kéier um Niveau vun der parlamentarescher Kommissioun, dass mir verlaangen, dass all d'Verhandlungspartner, den LCGB, den OGB-L, d'CGFP, d'UEL, wa se dat da wëllen, vun der Kommissioun kënnen gehéiert ginn. An dass se och hir Siicht vun de Saache soen. An hir Siicht, ob déi Gesetzespropositiounen oder Gesetzesprojeten, wéi se virleien, dann och dat ëmsetzen, wat an der Tripartite ugeduecht war.

**Plusieurs voix** | Très bien!



**M. Gilles Roth (CSV)** | Dir Dammen an Dir Hären, ech hu virdu gesot: Den Indexmechanismus ass en Ausgleich vum der Kafkraaft. Déi sozial Selektivitéit, déi sozial Gerechtegkeet, déi ënnerschiddlech Bättrags-gewichtung, déi déi eenzel Stéit, déi déi eenzel Leit zu dem staatleche Funktionéiere ginn, dat geschitt iwwert d'Steieren. A mir bedauern, an ech soen dat nach eng Kéier, dass et net zu Adaptatiounen respektiv zu enger Inflationsberengung vum der Steiertabell komm ass an Zäiten, an deenen et dem Staat gutt gaangen ass. Fir eis ass dat e weesentleche Feeler gewiescht an der Politikgestaltung. Dat ass eppes, bei deem dës Regierung gebrach huet mat deem, wat fréier Regierunge gemaach hunn. Déi hunn dat all véier, fënnf Joer gemaach. Dat heescht, eemol pro Legislaturperiode.

An da frot Der: „Wéi hätt Dir dat da gemaach?“ Ma ech soen nach eng Kéier ganz kloer: Mir gesinn, dass een hätt missen, an dat ass och nach ëmmer eis Approche, den Agangssteiermontant, dat heescht dee Montant, wourop ee Steiere bezilt – deen ass de Moment, a schonn éiweg, 11.265 Euro – an d'Luucht setzen.

Lo sot Der natierlech: „Dat gött deier“, an: „Dovunner profitéiert all Mënsch.“ Dat ass richtig, mee et sinn déi niddreg a kleng Gehälter, déi iwwerproportional, an dat ass richtig esou, am meeschte géifen dovun profitéieren. An da kéinte mer och an eng Situatioun kommen, wa mer de Mindestloun an d'Luucht setzen, dass de Staat dann net op där anerer Säit erméien Deel vum Mindestloun iwwert d'Steieren eranhëlt. Dat fanne mir fundamental net gerecht.

A wéi grouss déi iwwerméisseg Steuerbelaaschtung ass, dat wëll ech Iech un engem Beispill verdäitlechen. Huet emol eng Persoun oder en Alengerzéien, deen 3.000 Euro netto verdéngt. Mat 3.000 Euro netto sidd Der nach keen Décken an Dir sidd hei am Land och net mat Zoossung gestréckt, well domadder musst Der mol d'Wunne bezuelen, Dir musst kucken, dass Der leeft an et där net allze vill am Liewen nach schifgoen, well soss sinn déi 3.000 Euro séier opgebraucht. Een, deen 3.000 Euro an der Steierklass 1 oder 1A, well et ass kee groussen Ënnerscheed, verdéngt, deen huet eng Brutttopai vu ronn 4.000, 4.100 Euro. Dee kritt also bei dëser Indexbranche am Abrëll 100 Euro bäi. Vun deenen 100 Euro gött en dem Staat 48 Euro zréck. Bei engem Gehalt vum 3.000 Euro netto. Ech soen Iech ganz éierlech: Dat fannen ech net normal.

A well dat esou ass, a well grad déi dote Leit esou vill Problemer hunn, fir de Moment d'Enner zesummenzekréien, ass de Feeler gewiescht, dass et keng Indexberengung vum der Steiertabell gouf, ass et e Feeler gewiescht, dass een déi Tranché vum der Mëtelschicht net méi ausgebreit huet, soudass déi Leit manner séier op héich Steiersätz komm wieren.

An da soen ech awer och gradesou hei op der Chambertribün, dass et, am Géigesaz, fir d'CSV keen Tabu där sinn, dass een och fir Spëtzeverdänger ee méi en héije Steiersaz zousätzlech bäisetzt. Een dee 500.000 Euro versteierbaart Akommes huet, Dir Dammen an Dir Hären, dee muss och kënnen akzeptéieren, dass en eng Steuerlaascht huet, déi just ënnert der 50 %-Limit ass.

Dat heescht am Kloertext ... Dat heescht net, dass de Spëtze Steiersaz, sou wéi en an der Steiertabell op 50 % kënn, ... well ech mengen och net, dass dat verfassungsrechtlech onbedéngt d'Strooss géif halen, mee dat heescht awer, dass déi Persoun muss akzeptéieren, dass hir Steuerlaascht mat hirem Spëtze Steiersaz aus der Tabell plus d'Solidaritätssteier plus d'Assurance dépendance – well déi gött jo och nach dropgeklakt an déi ass net limitéiert fir déi Leit – ka bis un d'50 %-Grenz kommen.

Ech soen dat elo: Dozou steet d'CSV! An: Dat ass fir eis och en Deel vum engem Gesamtpak vu sozialer Gerechtegkeet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Dat heescht: Ënnen entlaaschten, an der Mëtt strecken. An da fir déi dote Leit, déi jo vill leeschten an déi och vill Steiere bezuelen – mee si kréien och vill vum Staat a puncto Sécherheet, a puncto Sozialleeschtung, a puncto Santéleeschtung, a puncto Ëmwelt zréck –: Dann ass dat dat, wat ech muss ginn. An domadder ass d'Attraktivitéit, Dir Dammen an Dir Hären, vum engem Lëtzebuerg net a Fro gestallt. An een, deen domadder e Problem huet, jo, dee soll sech iwwerleeden, ob en dann hei seng Plaz am Land huet, mat all deenen Avantagen, déi mer ginn am Sozialsystem, um Niveau vum der Schoul. Och dat ass eng Akzeptatioun; och dat ass en Deel vu sozialer Gerechtegkeet; och dat ass en Deel vu sozialer Kohäsioun a vu „burden sharing“ zwëschen deenen, déi manner hunn, an deenen, déi méi hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, zur sozialer Gerechtegkeet ...

*(Interruption)*

... zielt och – ech kommen dozou – eng gerecht Besteuerung vu Kapital a Léin.

An ech soen och do gradesou däitlech am Numm vum der CSV, a mir waren déi, ... a mir huelen deen ... Dat ass kee Mea culpa, well nämlech 2002, iwwregens mat enger Schwarz-Bloer-Koalitioun, déi Mesure favorisant, encourageant l'accès au logement ... Et war e grousst Gesetz, dat de fréieren Direkter vum Enregistrement, mat deem d'CSV net ëmmer déi beschten Termen hat, de Paul Bleser, dee maassgebend federführend do war mat engem Gaston Reinesch, a vun den direkte Steiere war et eng Madamm Sylvie Trausch, eng ganz dichteg Steuerbeamtin ... An déi hunn eng Rei vu Moossname sengerzäit op den Dësch geluecht. An eng vun deene war d'Plus-values-Besteuerung vun de Veräusserungen, dat heescht, dass ech do e reduzierte Steiertariff vum 20 % hunn. Dat heescht am Kloertext: Wann ech haut eng Immobilie hunn, en Appartement, ech halen dat zwee Joer, ech maachen domat e fette Gewinn, da bezuelen ech op deem Gewinn, vun der Plus-value, 20 % u Steieren.

2002 war dat vläicht richtig, well d'Präisser vun den Immobilien net esou exposéiert ware wéi elo. Mee 2022, 20 Joer duerno, ass dat net méi richtig. Als CSV si mir also der Meinung, dass wann een esou e Spekulationsgewinn huet – an dat steet jiddwerengem zou, mir si jo an enger fräier Maartwirtschaft –, een da während deenen éischte fënnf Joer, an deenen een dat Appartement huet, an et veräussert een et, dass een dann net 20 %, mee 40 % bezilt, dat heescht, deen normale Steiersaz.

Well et ass jo eigentlech net normal, dass, wann ech 200.000 Euro Plus-value maachen, ech dann 20 % do-rober bezuelen, a wann ech 200.000 Euro Loun oder Gehalt hunn, dass ech da muss e Spëtzesaz vu 40 % bezuelen.

Elo sot Dir, Här Di Bartolomeo: „Wéi ass ...“

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Dir wësst genee, wat ech wëll soen. Et ass ...

**M. Gilles Roth (CSV)** | Jo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | ... eng Evolusioun an Ärer Positioun. Well virun net allze laanger Zäit hutt Der nach derfir plädéiert, fir den Demi-taux global bäizebehalen.

**Une voix** | Jo.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Dat ass richtig. An ech hu jo duerfir ganz kloer gesot, wann Der gutt nogelauschtert hutt, ...

**Une voix** | Ech hu gutt nogelauschtert.

**M. Gilles Roth (CSV)** | ... dass mir ... An dat muss och erlaabt sinn, well et sinn aner Konditiounen, also muss et och enger Vollekspartei erlaabt sinn, do ...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Ech hunn ...

**M. Gilles Roth (CSV)** | ... eng aner Approche ...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | ... ni ...

**M. Gilles Roth (CSV)** | ... ze huelen.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Här Roth, ech hunn dat net kritiséiert. Ech hunn dat just festgestallt. Gradewéi ech bei Äre virege Propositionen méi eng Grise mine beim Här Mosar beobacht hunn.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | O neel!

*(Hilarité)*

Elo muss ech Iech awer enttäuschen, Här Di Bartolomeo.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Här Di Bartolomeo, kommt, well meng Riedezäit leeft fort an Dir gitt jo alleguerte gären um 12.00 Auer, 12.30 Auer iessen.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Dir kritt nach fënnf Minutte vu mir bäi!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Gesitt Der emol, Här Di Bartolomeo, Dir hutt eigentlech dat ënnerstrach, wat d'CSV ass: Et ass eng Vollekspartei. Et ass d'Partei vum Dokter, vum Affekot, mee et ass och d'Partei vum dem Aarbechter an et ass d'Partei vum Beamten.

*(Interruption)*

An dat mécht, ...

**M. Dan Kersch (LSAP)** | A vum Här Roth a vum Här Mosar.

**M. Gilles Baum (DP)** | Et ass zwar gutt, dass Der dat dote gesot hutt.

**M. Dan Kersch (LSAP)** | A vum Här Roth a vum Här Mosar.

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Gilles Roth (CSV)** | ... an dat mécht, ...

**M. Gilles Baum (DP)** | Et ass gutt, dass Der dat dote mol eng Kéier hei widerhuet.

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Deen ee seet dat eent, an deen aneren dat anert.

*(Hilarité et interruptions)*

**M. Gilles Baum (DP)** | Dir stitt fir alles a fir de Géigendeel.

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Fernand Etgen, Président** | Wannechgelift!

*(Interruption)*

**M. Gilles Roth (CSV)** | Wannechgelift! Jo, da si mer der Meinung, dass och de Staat – och dat ass e Punkt – bei ounihi schonns iwwerdeierte Wunnengsbauräisser net nach zousätzlech drop soll verdéngen. Duerfir soe mir ganz kloer, dass de Steierkredit, deen ee kritt um Niveau vum der TVA, vu 50.000 op 100.000 Euro muss an d'Luucht gesat ginn. Dat besonnesch, well ënnert der Blo-Rout-Grénger Koalitioun, och mat dem Awierke vun de Sozialisten, d'TVA vu 15 % op 17 % an d'Luucht gaangen ass.

An dat, wat den Här Gramegna ni wollt wouerhunn, dat ass, dass déi héich TVA net op enger Éischtwunneng géif spillen. Déi spillt och op enger Éischtwunneng. Well virun der Erhéijung vun der TVA huet ee bis

416.000 Euro de reduzierte Steuersatz von 3 % gehat, an elo huet een en nach just bis 357.000 Euro. An Dir wësst allegueren: Mat 357.000 Euro kritt Der néierens méi en Haus gebaut. Dat selwecht zielt an deem selwechte Mooss fir de bëllegen Akt.

Ech kommen esou lues zum Schluss.

Ech soen awer gradesou daitlech, dass een um Niveau vun dem Logement net alles iwwert d'Steieren an iwwert d'Taxe ka reegelen, an duerfir soen ech gradesou kloer am Numm vun der CSV: Jo, mir stinn, niewent enger Noverdichtung, zu Perimetererweiderungen a Ballungsgebiddern an urbanen Zonen, déi och als solch an dem Aménagement du territoire ausgewise sinn.

Zweetens: Mir gesinn, dass de Staat, d'Gemengen an déi öffentlech Bauträger aleng den Defizit vu feelende Wunnengen net kënnen ausgläichen. An duerfir plädéiert d'CSV ganz kloer an ouni Tabu fir e Pakt zwëschent dem Staat, de Gemengen, den öffentlechen Wunnengesbauträger an och dem Privatsektor, fir méi Wunnengen ze bauen. Mir wëllen, dass d'Prozedur beschleunegt ginn.

Et ass schéin, wann Honnerten Aise bei engem Lotissement erakommen, mee déi Honnerten Aise mussen och an enger Zäitspann vun dräi Méint kommen an et muss awer virun allem um Niveau vun den eenzele Servicern, Ministère vum Staat eng gewësse Kohärenz an eng Koordinatioun bestoen.

An dann e véierte Punkt, dee vun eiser Chrëschtlech-Sozialer Jugend kënnt, dat ass deen, dass ee sech och muss – fir de jonke Leit an enger éischter Phase d'Méiglechkeet ze ginn, iwwerhaupt en Daach iwwert dem Kapp ze hunn – iwwert déi sougenannten Tinyhouses, dat si kleng Haiser, kënnen ennerhalen.

**Une voix** | Très bien!

(Interruption)

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, jo, well dat ass en Accès zu engem temporäre Logement. An déi meeschten, fir net ze soen allegueren d'Bebauungspläng vun eise Gemengen droen deem net Rechnung. Firwat? Mee well se eng Mindestgréisst virgesi vun enger Wunneng. A well se och, an dat ass jo den zweete Punkt, Schwierigkeiten hunn ..., ech weess awer och, dass dat net esou einfach ze reegelen ass, mee et ass ze reegelen, dat ass d'Bauen am Gaart, dat heescht, dat ass theoreetesche eng Bebauung an zweeter Linn.

Mee fir alles muss et eng Léisung ginn. An déi Tinyhouses ... An ech gesinn, dass hei dat vun deene grénge Kolleegen och kopfnickend geholl gëtt. Wa mer e Problem hunn, jo, da mussen och temporär aussergewöhnlech Léisungen derfir kënnen kommen. An d'Tinyhouses si vläicht net déi perfekt Léisung, mee se sinn eng Léisung.

Als Konklusioun, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... Dir Dammen an Dir Hären: Dir gesitt, dass d'Erausfuerrunge fir eist Land enorm sinn. Eist Land – an dat soen ech awer gradesou daitlech, ouni Polemik – ass an eisen Aen net genügend virbereet, fir op déi Noutsituatiounen hin, Energiedesch, Pandemie an eventuell Wirtschaftskris, ze handelen.

An der Vergaangenheet gouf an eisen Aen ze vill Bling-Bling gemaach, an d'Haaptsujete vun eise Land, nämlech dee vun der Armut, dee vun Wunnengsbau, dee vun der sozialer Gerechtegkeet – an dozou zielen d'Steieren – a virun allem dee vun der Nohaltegkeet vun eisen öffentlechen Finanzen, sinn net zur Genüge ugaange ginn.

Et besteet keng richtig Visioun. Et war och net zum richtigen Zeitpunkt, an dat wier schonn d'lescht Joer

gewiescht. An ech hunn den Här Bausch héieren, virgëscht um RTL, wou e gesot huet, déi héich Energiepräisser hätte mer jo net zënter der Ukrain-Kris. Nee, déi héich Energiepräisser, Dir Dammen an Dir Hären, hate mer schonn d'lescht Joer am Hierscht. An et war d'CSV, déi ënnert dem Gelächter vun dëser ganzer Sait – an dat hunn ech net richtig appreciéiert – gesot huet: „Ma Dir diskutéiert do iwwer eppes, wat kee richtige Problem ass.“ Et ass souguer dat Wuert „Populismus“ gefall. Abee, haut huet déi Vergaangenheet déi Regéierend hei am Land ageholl.

Duerfir brauch dëst Land eng aner Politik. Eng Politik mat Wäitsicht, eng Politik mat pragmatische Léisungen, mat Verstand, eng Politik, déi virun allem d'Suerge vun de Leit eescht hält. An duerfir ass d'CSV gewëllt unzepakken.

An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, ...

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech mengen, et si geschwé Walen!

**M. Fernand Etgen**, Président | ... Här Roth. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler.

(Interruption)

A, den Här Bauler hätt am Fong nach eng Fro gehat un den Här Roth.

(Brouhaha)

Duerfir soll en déi fir d'éischt stellen. Jo.

(Brouhaha)

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Ech kann et och vun hei aus soen. Ech wollt dem Här Roth just soen, datt een déi Staatsschuld awer nach eng Kéier an den historesche Kontext muss setzen an an dee richtige Kontext.

Ech wollt Iech just soen, dass mer 2013 eng Staatsschuld haten, par rapport zum PIB, vun 23,7 %. Mir hunn ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | 22!

**M. André Bauler** (DP) | 22, oder wéi och ëmmer. Ech hunn elo d'Donnéen net derbäi. Mir hunn, wann do keng Géigemoossname geholl gi wieren ... An der Note au formateur ass scho vun enger Staatsschuld am Joer 2015 geschwat gi vu 27,5 %. Dir kënnt Iech erënneren un déi Affär „commerce électronique“. 2020 hu mer den Niveau vu 27,5 % erreecht, matzen an der Pandemie! Also fënnf Joer méi spët!

An da wëll ech awer och nach eng Kéier soen – vérité oblige –, datt mer am Mäerz, nodeems en Emprunt zrëckbezuelt gi war, dat ass ganz richtig, vun enger Milliard, zu deem Moment eng Staatsschuld hate vun 23,7 % par rapport zum PIB. Dat entsprécht 16,9 Milliarden, wa meng Souvenire vu leschte Méindeg an der Cofibu gutt sinn oder richtig sinn.

Da wollt ech nach just soen, de PSC gesäit vir fir d'Joer 2022: 25,4 % Staatsschuld par rapport zum PIB. Dat zum Zuelematerial.

Da wollt ech awer och nach un een Artikel erënneren, Här Roth, deen Dir geschriwwen hat mam Här Mosar am November 2020, wou mer och e puermol driwwer geschwat hunn a wou Der vun enger Staatsschuld vu bal 28 Milliarde geschwat hutt. Mee deemools waren d'Zuelen e bëssen duerjerneegaangen. Deen Szenario ass glécklecherweis elo net agetruden. Mee ech wollt awer soen, dass mer hei awer de Statistiken, deene richtige Statistike sollte Rechnung droen an elo net en Szenario un d'Mauer molen, deen nach net do ass!

**Une voix** | Jo.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Also, ech hu keng Onwourecht gesot. Ech hunn an absolutten Zuele geschwat. Dat sinn 11 an 20 Milliarden. An déi kënnt Der net widderleeën, déi stinn an Ären eegenen Dokumenter.

**M. André Bauler** (DP) | Ech hunn Iech just gesot, wou mer de Moment mat der Staatsschuld dru sinn. Dat ass liicht ënner 24 % par rapport zum PIB. Mir ware scho vill méi héich. A mir leien elo bei ënner 17 Milliarden.

Dat just zum Zuelematerial.

Bon, déi do Remark huet mer e bësse meng patheetesch Entrée hypothekéiert.

(Brouhaha)

Ma ech ...

(Hilarité)

... wollt Iech just soen, ...

**M. Léon Gloden** (CSV) | Här Bauler, Politik ass kee Pathos ...

**M. André Bauler** (DP) | ... dass schonn an, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Bauler, loosst Iech net ...

**M. Léon Gloden** (CSV) | Politik ass kee Pathos.

**M. Fernand Etgen**, Président | ... duercherneebrennen.

**M. André Bauler** (DP) | ... dass schonn a fréieren Zäiten déi al Réimer mouvementéiert ...

(Hilarité)

... Zäiten erlieft hunn.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Aa!

(Brouhaha)

**M. André Bauler** (DP) | An, ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Et héiert een Iech net.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Dach, ech hat de Mikro un.

**M. André Bauler** (DP) | ... wann e laténgeschen Hexameter op dës Méint a Wochen zoutréfft, dann ass et vläicht folgenden: „Tempora mutantur, nos et mutamur in illis.“ Dat heescht: ...

**Une voix** | Ei!

**Une autre voix** | Oi!

(Brouhaha)

**M. André Bauler** (DP) | ... D'Zäiten ännere sech a mir änneren eis an hinnen.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Firwat net direkt?

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler** (DP) | Jo, mir erliwien effektiv de Moment beweegen Zäiten. An d'Pandemie hat eis scho staark geréelt. Si huet sozialwirtschaftlech a gesellschaftlech Konsequenzen. An zanter gutt zwee Méint beschäftigt eng weider Kris d'Welt an och Lëtzebuerg, nämlech de Krich an der Ukrain.

Dëse Konflikt fuerdert Europa eemol méi eraus an hypothekéiert seng Zukunft. Méi wéi 30 Joer no der Chute vun der Berliner Mauer schéngt sech also nees e stolene Riddo opzebauen. Eemol méi geet e Rass duerch den europäesche Kontinent. Näischt ass effektiv méi wéi et war. De rasante Wandel stellt eis all op d'Prüf. An en ass, wéi mer schonn e puermol hu musse feststellen, voller Risiken an Unsécherheeten. Do heescht et, e kloer Kapp an de Mutt ze behalen, de Fouss bei Mol ze halen a sech net ennerkréien ze loosse.



D'Liwwerenkpäss an d'Inflatioun begleeden eis zanter e puer Méint konstant. D'Ursaache fir dës aktuell Situatioun si gréisstendeels kloer op déi russesch Invasioun an d'Ukrain zréckzeféieren. Dës Invasioun ass, fir mol eng Kéier net d'Wuert vun der „Zeitenwende“ ze gebrauchen, eng Zäsur an der europäescher Geschicht. Milliounen Ukrainer si gezwongen, hir Heemecht ze verlossen an alles stoen ze loossen. Déi, déi bliwwen sinn, wiere sech mat alle verfügbare Mëttel. D'Europäesch Unioun huet sech vun Ufank un zesummegeet, fir koordinéiert Sanktiounen géint de Regime zu Moskau ze ergreifen. D'Zil ass et, déi Responsabel vun esou Verbrieche direkt a geziilt ze bestrofen, fir esou d'Zivilpopulatioun ze schützen.

Eis Reaktioun huet e reellen Impakt op Russland. Déi russesch Ekonomik ass ëm 10 % bis 15 % agebrach, esou schätzen emol international Organisatiounen. D'Präisser fir de Konsument sinn, verglach mam leschte Joer, ëm 16,7 % geklommen, esou déi russesch Zentralbank.

Eis Moossname wierke sech awer och op eis Präisser aus, zum Beispill, well eis Liewensmëttelpräisser an d'Käschten, fir Liewensmëttel ze produzéieren, an d'Luucht ginn. Mee et ass de Präis, deen ze bezuelen ass, fir sech kloer géint de Krich an Europa ze stellen.

Et ass effektiv de Präis vun der Fräiheet, dee mer hei bezuelen. An dee Präis riskéiert, nach méi héich ze ginn, wat dës Krich méi laang dauert a méi laang dauert, wéi sech erwaart gouf. An et schéngt och esou ze sinn, datt e wäert méi laang daueren.

Dem Krich seng Konsequenz sinn also och hei zu Lëtzebuerg ze spieren.

Op där anerer Säit ass et d'Offer, déi der Demande net méi nokomm ass. Soubal d'Covidrestriktiounen no an no gefall sinn, huet d'Wirtschaft erëm staark u Faart gewonnen. Si huet staark ugezunn. Dat net zulescht, well, dat muss een och soen, de Konsumenten hiert Erspueres aus de Pandemiejoeren disponibel war a si dat och ausginn hunn.

Mir haten also eng staark Relance. Leider war déi weltwäit Produktioun nach gestéiert. An d'Liwwerenkpäss ware maassgeblech un der éischter Phas vun der Inflatioun bedeelegt an hunn dës dann och ugeheizt.

Déi järelech Inflatioun läit am Abléck bei 6,1 % hei zu Lëtzebuerg. Do si mer also wäit ewech vum Richtwäert vun 2 %, deen d'europäesch Zentralbank fixéiert huet.

Aus all dës Grënn warnen déi international Organisatiounen virun enger staark gebremster Croissance.

Déi wirtschaftlech Auswierkung si villschichteg an et besteet de Risiko vun engem séiere Wuesstem an de Staatsscholden, besonnesch natierlech an den ärmste Länner an an den Entwécklungslänner, ma och a verschiddene Länner vun der Europäescher Unioun.

Dës negativ Entwécklungen hunn natierlech och en direkten Impakt op eis Staatsfinanzen. D'Recetten, wéi am Budget 2022 virgesinn, wäerte virauszichtelech méi niddreg ausfallen an dat doduerch, well d'Wirtschaft net méi esou dréie ka wéi virdu. Dobäi kënn, datt eis Depensen – dat kann een net dacks genuch soen – elo nach eng Kéier staark eropginn, fir de Solidaritéitspak an d'Mesurë vum Energiedesch ze finanzéieren, déi d'Regierung mat de Sozialpartner ficeléiert huet. Dës zousätzlech Depensé komme bei d'covidbedéngte Méidepensen derbäi.

Mir hunn an de leschte Jore wierklech vill Ustrengunge gemaach, fir de Leit an de Betriber duerch d'Covidkris ze hëllefen. Ech froe mech, ob all déi, déi vun Defiziter schwätzen, da bereet gewiescht wieren, hei net ze hëllefen. An dann ass et och wichteg ze soen, datt mer op jidde Fall à tout prix eng zolidd Wirtschaftskris an

deem Land hei wollte verhënneren. An dank de Covidmoossname war de Réckgang vun eisem PIB hei zu Lëtzebuerg net esou héich ewéi an anere Länner. Och d'Relance vun eiser Wirtschaft, dat heescht de Wuesstem no der Kris, war dowéinst aussergewéinlech héich.

Mir haten 2020 effektiv eng Decroissance vum PIB vu just 1,8 %. Domat war Lëtzebuerg an der Europäescher Unioun op der drëtter Plaz. Zum Verglach – et soll ee jo ëmmer kontextualiséieren –: De franséische PIB ass ëm ganzer 7,9 % zréckgaangen, dee vun Däitschland ëm 4,6 % an de PIB an der Belsch ëm 5,7 %. An der Eurozon louch de Réckgang vum Wuesstem am Duerchschnitt bei 6,4 %.

Mir hate fir d'Joer 2021 en zolitte Wuesstem vu 6,9 %. Dat ass déi berümt Quadratwuerzel, vun där ech ëmmer geschwat hunn: fir d'éischt en Abbruch vun 1,8 % an dann déi Relance oder dee Wuesstem vu bal 7 %. Och hei si mer wäit iwwer dem EU-Duerchschnitt.

De Chômage, dat ass och virduen hei net gesot ginn, ass déi lescht Méint no an no op 4,7 % gefall. 4,7 %! Dat ass en Niveau, wéi mer e viru der Finanzkris vun 2008 fir d'lescht haten.

**Une voix | Très bien!**

**M. André Bauler (DP) |** Dës iwwerduerchschnittlech gutt Performance – wuelgemierkt an engem Krisenzeenari! –, dës iwwerduerchschnittlech gutt Leeschtung vun eiser Wirtschaft wier ouni d'Ustrengunge vun der Regierung, fir de Leit, de Betriber, de selbstänneg schaffende Leit, alle schaffende Leit ënnert d'Äerm ze gräife mat diversen Hëllefen, déi besonnesch deene klengen a mëttleren Akommissen zeguttkomm sinn, net méiglech gewiescht. Zemoos d'Deelzäitaarbecht huet et ville Leit a Betriber erlaabt, hir Aarbechtsplazen ze halen.

Ech gesinn dohannen de Wirtschaftsminister Franz Fayot setzen, deen, denken ech, mindestens sou gutt wéi mir weess, wat dat fir d'Betriber bedeit huet, an dee sech och vor Ort an de Betriber selwer konnt e Bild vun der Situatioun maachen. Dës Hëllefen hunn derfir gesuergt, datt eis Ekonomik sech zimmlech séier vun der Covidkris erholl huet. D'Regierung huet an der Pandemie derfir gesuergt, datt eist Land eebe gutt duerch d'Kris komm ass – trotz alle Réckschléi, trotz allem Misär!

Gradsou engagéiert ass d'Regierung de Leit an de Betriber an der aktueller Situatioun entgéintkomm, fir se duerch déi nei – wann een dat esou soe kann – schwéier Zäiten ze bréngen. Mir kruten e Méindeg de Programme de stabilité et de croissance vun der Finanzministesch Yuriko Backes an der zoustänneger Kommissioun presentéiert. De PSC, also de Pacte de stabilité et de croissance, dat sinn eng Rei Reegelen, déi derfir suerge sollen, datt d'Memberstaate vun der Europäescher Unioun gesond Staatsfinanzen hunn. Heimat sollen hir Budgetpolitike koordinéiert ginn. Et ass also dat Instrument, dat 1997 geschaf gouf, fir d'Anhale vun de Maastricht-Krittären ze erméiglechen an ze kontrolléieren.

Et ass immens wichteg, datt mir an der Europäescher Unioun dës Reegelen respektéieren, well eis Staatsfinanzen domadder stabil solle bleiwen. Mir hunn eng gemeinsam Wärdung, den Euro, e grouse communautairen Acquis, an dowéinst brauche mer och gemeinsam Reegelen.

Och wann ech a menger Ried hei eng generell Analys vun eise Staatsfinanzen an eiser Wirtschaftslag skizéieren, wëll ech hei nach méi spezifesch op den Inhalt vum neie PSC agoen.

Aus dem Stabilitéitsprogramm geet nämlech ervir, datt héich Investissementer eng Prioritéit sinn. D'lescht

Joer louch se bal bei 2,9 Milliarden Euro, dat ass e Plus vu 14 % verglach mat 2019. Am Kader vum Energie- a Klimaplang, dem sougenannte PNEC, ginn dës Joer 1,9 Milliarden an d'nächst Joer 2 Milliarden Euro investéiert.

D'Stabilitéit vun de Finanzen bleift also d'Haaptzweck vum PSC. Eent vun de Kärinstrumenter am Kader vum Stabilitéitspakt, dat ass den Objectif à moyen terme, de sougenannten OMT. Mir hu ganz vill där Kürzelen an et war ganz pedagogesch, am Ufank vun den Dokumenter mol nach eng Kéier ze erklären, wat hanner all Kürzel do steet. Merci och dofir! Et ass dat finanziell Zil, dat déi jeeweileg Memberstaate sech ginn, den OMT. Mir riichten eis dës Kéier, wéi och scho virduen, nom Prozentsaz, deen d'EU-Kommissioun uginnt huet: Dat ass d'Zilsetzung vun engem OMT vun 0 % vum PIB op der Period 2023-2025.

Lëtzebuerg respektéiert säin OMT normalerweis. Jee, déi lescht Jore waren awer keng gewéinlech Zäiten. Mir hunn eisen OMT also respektéiert, bis d'Pandemie 2020 komm ass. Dat lescht Joer, 2021, ware mer erëm souzeso an der Rei, dat eeben och dank der staarker Relance. Dës Joer wäerte mer ënnert dem OMT-Zil bleiwen. Ab 2023 awer wäerte mer eisen OMT nees respektéieren.

Also ouni d'Pandemie – dat soll een nach eng Kéier hei widderhuelen – an hir grav sozial, wirtschaftlech a finanziell Konsequenzen hätte mer ouni Weideres weider Iwwerschëss gehat.

Datt mer also elo kuerz eisen OMT net respektéiert hunn, wäert eis awer keng zousätzlech Problemer bereeden. Fir de Länner méi Spurt ze ginn, huet d'Europäesch Kommissioun den 23. Mäerz en zäitweilige Krisekader ugehol. Dës ass änlech wéi dee vun 2008, also während der Finanzkris, an dee vun de leschten zwee Joer wéinst der Pandemie, also wéinst dem Covid.

Dës Ausnam erlaabt et de Staaten, eebe vu méi Flexibilität kennen ze profitéieren, fir kennen op dës Kris ze reagéieren, also eng méi antizyklesch Politik ze bedriewen. Dës nei Reegelen gëllen nach bis den 31. Dezember a kéinten eventuell verlängert ginn.

Déi budgetär Disziplin, dat ass also deels eng Gratwanderung tëscht engersäits, den Aufgabe vun haut eebe Meeschter ze ginn an anerersäits, eis Verantwortung vis-à-vis vun den zukünftigen Generatiounen ze iwwerhuelen. Well mir sollten déi zukünftige Generatiounen net aus dem Bléck verléieren.

Fir eis Ziler ze verfolge, musse mer natierlech eis Staatsfinanzen ëmmer nees genee am Bléck behalen. Déi budgetär Entwécklung, sou wéi mer se d'lescht Woch virgestallt kruten an och an der Kommissioun virgestallt kruten, ass gutt. De Staat huet an de leschte Wochen a Méint e Kreditt vun, ben, et war am Mäerz, Mäerz prezis, ech weess elo net méi genee den Datum, mee jiddefalls e Kreditt vun 2012 am Wäert vun enger Milliard zréckbezuel.

Ech hat et éinescht gesot: Dat ass natierlech just eng Momentopnam.

D'Staatschuld huet sech bis ewell den Ëmstänn entsprechend, a viru allem am Verglach mam Ausland, wéi ech virdu gesot hunn, gutt entwéckelt. D'Staatschuld louch Enn zejoert bei zirka 25 %. De Moment läit se, wéi eebe gesot, liicht ënner 24 %. Dat sinn awer – Éierlecheit oblige – dräi Prozentpunkte méi wéi nach 2019. D'Staatschuld läit awer nach ëmmer e gudder Krack ënnert dem Regierungszil vun 30 % an natierlech wäit ënnert dem europäesche Krittär vu 60 %.

Mir hu viru der Pandemie dank enger virsichtiger Budgetpolitik zolidd Iwwerschëss realiséiert. Am Zentralstaat war dat am Joer 2018 nach en Iwwerschoss vu

460 Milliounen Euro. Am Pandemiejoer 2020 si mer op en Defizit vun 3,2 Milliarden Euro gefall. 3,2 Milliarden Euro! Dat muss ee sech emol op der Zong zergoe loos-sen! Dat ass gréisstendeels eeben drop zrëckzeféieren, datt de Staat d'Leit net am Stach gelooss huet, datt de Staat de Leit an de Betriber gehollef huet, fir se duerch d'Kris ze féieren, an duerno och nach no der haarder Phas vun der Kris, no de Lockdowns, weider de Leit geziilt mat sozialer Orientéierung gehollef huet. Ech kann déi Mesuren natierlech op dëser Tribün net all opzielen.

Esou een Defizit ...

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech fannen dat gutt, dass Der dat awer nach eng Kéier ernimmt, Här Bauler! Ech fannen dat gutt, dass Der dat nach eng Kéier ernimmt, well dat schéngt bei Ärem Virriedner vergiess ge-wiescht ze sinn!

**M. André Bauler** (DP) | Esou en Defizit, dat ass kloer, dat ass evident, kënnen mer net iwwert déi nächst Joren a Joerzénge matschleefen. Do sinn ech d'accord. Fir d'Joer 2021 gëtt den Defizit vum Zentralstaat op 326 Milliounen geschätzt. Dat ass also schonn nees e gutt Stéck besser ewéi nach déi Jore virdrun, dat Joer virdrun. Et ass awer e Lach, jo, e finanziell Lach, dat eise Staatsbudget belastscht an op laang Dauer net drobar ass.

Fir dat aktuell Joer ass am Budget 2022 en Defizit vun 1,25 Milliarden Euro virgesinn. Well awer elo nach eng ganz Rei nei Depensen derbäikommen, déi keen am Dezember erwaart hat, wäert eisen Defizit dës Joer leider vill méi héich ausfale wéi geduecht. Den Defizit gëtt am Stabilitéitsprogramm op 1,64 Milliarden Euro chiffriert.

Duerfir, Här Chamberpresident, ass elo net de Moment, fir an d'Luucht ze sprangen an ze mengen, et wier eriwier. Et ass och net de Moment, fir oniwwer-luecht Scholden ze maachen. Jo, eis momentan Ausféierung vum Budget ass nach positiv. Ech soen „nach“, well et nëmmen eng Momentopnam ass, ouni dee ganzen Impakt vum Krich an d'Tripartite-Moosnamen, déi elo nach wäerten derbäikommen.

D'Tripartite-Moosnamen, et ass scho méi dacks gesot ginn, kaschten de Staat aleng 827 Milliounen Euro. Dat ass eng substanzuell Zomm. Et muss ee jo bedenken, datt gläichzäiteg eis Recettë falen. Eise Wuesstem, deen am Ufank, initial, fir 2022 op 3,5 % vum PIB geschätzt gouf, ass elo op 1,4 % erofgesat ginn. Dat ass eng enorm Differenz, déi reell Auswirkungen op dat dagdeeglecht Liewen huet a wäert hunn.

De Lëtzebuerger Staat huet an de leschte Joren a Méint immens Ustrengunge gemaach, fir de Leit an dës schwierigen Zäiten ze hëllefen. Dës Aidé sinn, esou wéi vun den internationalen Organisatiounen gefuerdert, sozial cibléiert an zäitweilig. An duerch dës Moosname gëtt de Kafkraaftverloscht fir déi niddreg Akommesen iwwerkompenséiert. Ech wëll et nach eemol kloer soen: Zu Lëtzebuerg huet all Stot méi Kafkraaft wéi virun der Kris! Mir gehéieren do zu den absoluten Ausnamen an Europa. Dat muss awer, trotz alle Schwierigkeeten vun de schaffende Leit, eng Kéier gesot ginn.

Verschidde Leit verlaangen, elo nach méi ze verdeelen, trotz all den Onsécherheeten, déi eist makroekonomescht Umfeld de Moment prägen. D'DP-Fraktioun seet hei ganz kloer, datt esou Fuerderungen de Moment net rasonabel sinn, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler** (DP) | ... well dat eis Staatsfinanzen an eng Negativspirale féiere kann.

An dëser Situatioun weider léns a riets ze verdeelen, dat gehéiert fir eis net zu enger vorsichtiger

Budgetspolitik. Ech freeë mech och doriwwer, datt grad den honorabele Kolleg Laurent Mosar vun der CSV-Fraktioun während der Presentatioun vum PSC leschte Méindeg wierklech inbrünsteg zu enger vorsichtiger Budgetpolitik opgeruff huet, net nëmme wéinst der Situatioun an der Ukrain, awer och, wéi den Här Mosar sot, well eis an der internationaler an europäescher Steuerpolitik – hie sot d'Stéchwuert „Unshell“ an hiren Impakt op d'SOPARFIen hei zu Lëtzebuerg – wierklech grouss Onsécherheeten op der Recettësäit an den nächste Jore bevirstinn. Ofgesi vun, Här Wirtschaftsminister, enger allgemenger Ofkillung vun der Konjunktur, déi eis kleng a mëttel Betriber warscheinlech, awer och déi aner, wäert treffen an déi eis – dat muss een och ennersträichen – als kleng a séier offen Economie besonnesch trefft.

Ech wëll awer och hei nach eng Kéier soen, datt grouss steuerlech Entlastungen, déi och nach sozial oncibléiert, jo, ongerecht wieren, mat Scholde misste finanziert ginn, déi déi nächst Generatiounen zrëckbezele missten. Jo, vun den nächste Generatiounen, well mer den Ament keen esou e grouss finanzielle Spott méi hunn – Spott, deen eis natierlech bedeidend, jo, riskant Spréng erlabe géif –, an dat wier fir meng Fraktioun onverantwortlech.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler** (DP) | Mir müssen hei d'Wuel an déi finanziell Zukunft vun de Kanner an de Jugendleche vun haut fest am Bléck behalen. Et wier onverantwortlech, wa mer esou egoistesches wieren an hire Kuch wéilten iessen.

Aus deem Grond, Här President, musse mer also vorsichteg navigéieren. D'DP steet fir eng vorsichteg a wäitsichteg Finanz- a Budgetpolitik, déi de Bedürfnis-sen vun de Leit Rechnung dréit. Eist Haaptuleies ass et, zemoos de Stéit mat klengem a mëttlerem Akommes entgéintzekommen, hire Kafkraaftverloscht ze kompenséieren sou wäit wéi méiglech. Och de Betriber muss an dëser schwieriger Zäit gehollef ginn. Mir müssen dobäi awer Fouss bei Mol halen, wéi ech gesot hunn. Konkreet heescht dat, datt mer den Defizit an d'Scholden am Bléck behale müssen. Eng Staatsschuld, déi ze staark wuesse géif, géif eisen Triple-A an eis Attraktivitéit a Gefor bréngen. Mir brauchen dës Kredit-litéit a mir brauchen dës Vertrauenswürdigkeet, wéi déi Däitsch soen.

Dat erlaabt eis natierlech, weider Investissementer op Lëtzebuerg ze kréien a virun allem, dat däréi een net aus dem Bléck verléieren, zu gënschtege Bedéngungen, zu gënschtege Konditiounen – an ech soen dat och hei enner der Kontroll vum Här Mosar, Finanzexpert vun der CSV – zu ...

*(Interruption par M. Laurent Mosar)*

... gënschtege Konditiounen Suen op de Finanzmäert kënnen ze léinen.

An duerfir kënnen mer eng hasardéis Politik maachen. Mir brauchen, grad elo, eng Politik vun der Responsabilitéit. Also kann een net dovunner ausgoen, datt mer an den nächste Jore grouss Sätz wäerte maache kënnen. Eise finanzielle Spott gëtt méi kleng duerch déi zwou grouss Krisen, mat deene mer an dëser Zäit konfrontéiert sinn.

D'Depensé klammen aus bekannte Grënn. D'Depensé klammen. D'Depensé klammen och fir de Staat. Dat gëtt net dacks genuch gesot. An d'Recettë wäerten net méi sou séier klammen.

Méi hausgemaachten Depensen, déi all Joer an de Budget müssen agedroe ginn, also rekurrent Depensen oder Dechet-fiscallen, géifen den Defizit nach verstärken an dat op d'Käschten, ech wëll et nach eng Kéier widderhuelen, vun deenen nächste Generatiounen.

Däers muss ee sech bewusst sinn. An eventuell Ännerungen am internationale Steiersystem kënnen ënner Ëmstänn zu manner Recettë féieren, Stéchwuert: SOPARFI-Besteuerung, op déi eis, wéi gesot, och de Laurent Mosar leschte Méindeg opmierksam gemaach huet an der zoustänneger Kommissioun.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. André Bauler** (DP) | Merci, datt Der dat och mat an de Kontext gestallt hutt!

Fir an dëser Kris kënnen séier op d'Erausforderungen anzegoen, hat de Premier Xavier Bettel eng Tripartite aberuff, dat wësse mer. D'Tripartite ass, wéi den Här Roth och sot, e Kriseninstrument, dat et erlaabt, iwwert temporär a sozial cibléiert Moosnamen ze beroden. Et ass natierlech net de Moment, fir elo strukturell Ännerungen am Schnelltempo duerchzebootschen, déi, éischts, fir de Moment net finanzéierbar wieren, net sozial cibléiert wieren a wou eng länger demokratesch Debatt gefuerdert wier, fir esou Entscheidungen ze huelen.

Op dëser Plaz wëll ech awer nach eng Kéier drun erënneren, datt d'Finanzkommissioun, d'Budgetkommissioun am Kader vum geplangte Steuerdebat all d'Acteuren zu der Thematik a Rou consultéiert. Nach virun der Sommervakanz wäerte mer d'Resultat dovunner hei am Plenum vun der Chamber debatféieren.

Am Tripartite-Accord goufen eng ganz Rei wichteg Moosname virgestallt an och festgehalten: Dat sinn de Crédit d'impôt énergie; d'Energieprimm fir Stéit mat niddregem Akommes; d'Stabilisatioun vun den Energiepräisser dank dem Kompensatiounsmechanismus; d'Subventioun vun de Réseau-fraisen um Gas – dat hate mer jo nach geschter hei um Programm –; d'Reduktioun vu 7,5 % um Bensinn, Diesel a Masutt ...

**Une voix** | Cent!

**M. André Bauler** (DP) | 7,5 Cent. Pardon. Hunn ech Prozent gesot? Pardon. Et ass wichteg, dat net falsch ze soen. Reduktioun vu 7,5 Cent op de Carburant bis Juli; Afréiere vun de Loyere bis Enn 2022, Adaptatioun vun de Loyerssubventiounen an der PRIME House an Erhéijung vun de Studentebourssen.

Op där anerer Säit kréien d'Betriber och Hëllefen, fir d'Aarbeitsplazen an d'Aarbeitskonditiounen vun de schaffende Leit ze erhalen. D'Betriber kréien Aiden, fir d'Energiepräisser opzefänken, d'Landwirtschaft gëtt ënnerstëtzt, d'Méikäschtchen vum ETS ginn ofgefiedert. Grad kleng a mëttegrouss Betriber kréie gehollef, méi nohalteg ze produzéieren. De Kafkraaftverloscht vun enger ganzer Rëtsch Leit gëtt also net just kompenséiert, mee deelweis iwwerkompenséiert. Grad Persounen mat niddregem Akommes ginn, verglach mat enger Index-tranche, iwwerkompenséiert. Eng Persoun um Mindestloun kritt esou also 42 Euro Netto méi de Mount wéi mat enger Index-tranche.

D'Äntwert vun der Regierung op déi aktuell Situatioun ass de Solidaritéitspak; Moosnamen, déi responsabel sinn, well se sozial sinn, well se nohalteg sinn.

Här President, léif alleguer, et ass e kloer Choix, dee mir gemaach hunn als Majoritéit, als Europäesch Unioun an zesumme mat eisen Alliéierten, an och als Chamber, als ganz Chamber, fir eis un d'Säit vun der Ukrain ze stellen.

Mir wousste vun Ufank un, datt d'Sanktiounen och eis Wirtschaft an eis Finanzen géifen treffen. Mir hätte vun Ufank u kënnen Business als usual maachen. Dat wier awer net vertiedbar. Sou gesinn, ass dat de Präis vun der Fräiheet, dee mir haut bezele müssen. A mir erliewen ... Ech ka mech erënneren, datt déi nei Finanzministesch Yuriko Backes dat am Ufank vun hirem



Mandatszäit am Ufank vun engem Interview och gesot huet: „Mir liewen am Moment an enger Zäit vu Polykrisen.“ Et ass en Abléck vu Polykrisen. Och wann ee wëilt, dass d'Situatioun eng aner wier, musse mer eis den Erausforderunge vun haut stellen. Et ware keng einfach Joren, déi mer schonn hannert eis hunn, an et kënnt nach ganz villen op eis duer, vum Klimawandel mol net ze schwätzen!

De Staat huet immens Efforte gemaach, fir d'Bierger ze schützen. Et gëtt eng Rei Stëmmen, déi soen, et géif net genuch gemaach ginn. Ech äntweren hinnen, datt mir net nëmmen eng Responsabilitéit hunn, fir de Stéit vun haut a vun hei ze hëllefen. Nee, mir hunn och eng Verantwortung vis-à-vis vun den zukünfte Generatiounen. An dowéinst vertrieben ech déi sozial gestaffelt, proportional an zäitweilig Mesuren aus dem Solidaritéitspak. Et ass d'Gläichgewicht, dat elo gebraucht gétt, fir dës spezifesch Krisensituatioun ze iwwerwannen.

An ech wëll och elo keng, wéi déi Däitsch soen, Kaffeesatzleserei hei maachen. Nee! Ech hunn och keng Kristallkugel an ech sinn och net den Eedem vun der Madamm Soleil, mee et géif mech awer iwwerraschen, wa mer elo hei ganz iwwert de Bierg wieren. An dowéinst ass elo de Moment komm, fir ze begleeden, fir ze hëllefen, ze ënnerstëtzen, jo, mee och fir no vir ze kucken an eis Staatsfinanzen nees an d'Gläichgewicht ze kréien – sou gutt wéi méiglech – a Suen op d'Säit ze leeë fir déi zukünfte Generatiounen, déi ganz jonk vun haut a vu muer.

Mir kënnen net all eis Kartusche verschéissen, mee mir mussen eis positionéieren, fir dës Krisen, déi mer erlieft hunn, esou opzeschaffen an eis gläichzäiteg ze positionéieren fir déi nächst schwéier Zäiten, déi eis nach duerchaus erwaarde kéinten, am Interêt vum Land a besonnesch, wéi gesot, vun deene jéngere Generatiounen, deenen hir Zukunft mir net iwwerméisseg belaauchte kënnen, belaauchten dierfen.

Voilà! Soulaang mer déi aktuell Solidaritéit a Wäitsicht bäibehalen, sinn ech zouversichtlech, datt mer déi zukünfte Erausforderunge Meeschter ginn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bauler. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener.

**M. Gilles Baum (DP)** | Dat war eng verstänneg Ried!

**M. Max Hahn (DP)** | Tiptopp!

**M. Fernand Etgen, Président** | Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Francine Closener (LSAP)** | Merci!

*(Interruptions)*

Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen: „Le changement est la loi de la vie humaine, il ne faut en avoir peur.“ Dat ass en Zitat vum fréiere franséische President Jacques Chirac. An och wann ech a villen net mat him d'accord war: Wou e Recht hat, hat e Recht!

D'Liewen ännert sech permanent. A mir hu keen anere Choix, wéi datt mer eis och änneren. Allerdéngs hunn d'Ännerungen, déi mer als Gesellschaft déi lescht Joren erliewen, et nu wierklech a sech. D'Finanz- a Wirtschaftskris, internationalen Terrorismus, Migratiounskris, Klimakris, d'Covidpandemie an elo och nach de Krich an der Ukrain. Dat kann engem schonn op d'Moral schloen. An awer: Angscht ass a bleift dee schlechteste Beroder am Liewen an och an der Politik.

Et gëtt der genuch, déi aus der Angscht vun de Leit politesch Kapital wëlle schloen, déi simplistesche Léisungen op komplex Problemer versprechen. Mee

d'Liewen ass nun eebe komplizéiert. Ëmsou méi dankbar sinn ech, zu Lëtzebuerg ze liewen, wou mer eis trotz de ville Krisen op zuverlässeg a staark Piliere kënnen baséieren, déi eis duerch d'Changementer a Krise gefouert hunn an och an Zukunft féiere wäerten.

Kee Bling-Bling, mee zolidd Piliere, wéi e staark Sozialstaat, eng dynamesch Wirtschaft, eng virausschauend Politik a virun allem eng couragéiert a solidaresch Populatioun.

Här President, mat der Invasioun vun der Ukrain huet Russland d'internationalt Recht eklatant gebrach. Souwuel d'Ausmooss wéi och d'Dauer vum Krich a seng Repercussiounen op déi europäesch a Lëtzeburger Economie si ganz schwéier virauszesoen. Virun allem awer bréngt dee Krich en onvirstellbaart mënschlecht Leed. Mënschlechkeet a Solidaritéit si gefrot. An ech si frou, datt déi Wäerter zu Lëtzebuerg gelieft ginn, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Francine Closener (LSAP)** | ... datt d'Leit hei am Land, ouni ze zécken, déi ukrainesch Flüchtlinge wëllkomm heeschen an hinnen hëllefen.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Très bien!

**Mme Francine Closener (LSAP)** | Alle virop den Ausseminister Jean Asselborn, deem säi mënschlechen a moralesche Kompass Virbildfunktoun huet fir ganz Europa.

Eist Land huet déi néideg Capacitéiten, fir den ekonomesche Schued vun dësem Krich opzefänken, duerch Kompensatiounen fir d'Biergerinnen an d'Bierger engersäits a fir eis lokal Economie anersäits. Lëtzebuerg ass eent vun de weënige privilegiéierte Länner, déi nach ëmmer d'Triple-A-Notatioun vun de bekannte Ratingsagencé behalen. Dat beweist de Serio, deen d'Regierung an hirer Gestiou vun den öffentliche Finanzen un den Dag leet.

D'Reprise zejoert war gutt. Am Gesamtstaat hu mer d'Joer 2021 mat engem Iwwerschoss vun ëmmerhi 650 Milliounen Euro ofgeschloss. Am Zentralstaat hu mer d'lescht Joer just e klengen Defizit vun 326 Milliounen Euro gemaach, grad emol een Zéngtel vum Defizit am Joer 2020. De PIB vum Grand-Duché hat d'ailleurs schonn am drëtten Trimester erëm säin Niveau vu virun der Pandemie erreecht.

Mir hunn d'Joer 2021 mat engem Wuesstum vu 6,9 % ofgeschloss. Deen Taux ass däitlech méi héich wéi de Wuesstum an der Eurozon.

Och um Aarbechtsmaart gesäit een, datt eis Fundamenter gesond sinn. Iwwert déi lescht dräi Joer sinn netto 40.000 Aarbechtsplaze geschaf ginn, an dat trotz Pandemie. De Chômage taux ass Enn März mat 4,7 % sou déif wéi zanter Enn 2008 net méi. Dat ass ganz gutt an dat ass och keen Zoufall. Et ass och d'Resultat vun enger couragéierter Aarbechtsmaat- a Wirtschaftspolitik. Déi zoustänneg Ministeren hunn net nëmme wichteg Reformen, wéi déi vun der ADEM oder déi vun der Jugendgarantie, ëngesat, se hunn och an der Pandemie konsequent op de Chômage partiel als Kriseninstrument zréckgegraff. 800 Milliounen Euro sinn an deem Kader an de Joren 2020 an 2021 u Chômage partiel ausbezuelt ginn. Domat gouf net nëmme vill Savoir-faire an de Betriber gehalen, virun allem goufen domadder ganz vill Salariéen hei am Land ofgeséichert. Si hunn net missen ëm hir Existenzgrondlag fäerten.

Här President, mir hunn deemno als Land, anescht wéi aner Memberstaaten, eng gesond Ausgangssituatioun. Duerfir kënnen mer eis et erlaben, d'Privatleit op där enger Säit an d'Economie op där anerer an dëser schwieriger an onvirstellbaarer Zäit finanziell ze ënnerstëtzen. Besonnesch am Hibleck op

d'Energiepräisser hu mer déi néideg budgetär Marge de manoeuvre, déi Ënnerstëtzung gouf decidéiert. Et ass och nach Sutt do, fir déi Hëllef auszubauen, wann d'Situatioun méi schlecht géif ginn.

E kuerze Rappel: Um Energiedesch Enn Februar sinn notament d'Energieprimen annoncéiert ginn, vun deene 55.000 Stéit kënnen profitéieren. Méi wéi 90 % vun de Leit an der ënneschter Akommesklass kënnen déi Pimm vun tëscht 200 a 400 Euro kréien.

Donieft hu mer jo gëschter dat Gesetz gestëmmt, duerch dat de Staat d'Käschte vum Gasreseau bis den 31. Dezember iwwerhëlt. Doduerjer geet d'Gasrechnung ëm ee Fënneftel erof. An da gëtt de Stroumpreis fir d'Privatcliente stabiliséiert, andeems de Staat säi Bäitrag um Ausgläichmechanismus fir erneierbar Energien erhéicht. Net ze vergiessen och d'Baisse ëm 7,5 Cent pro Liter fir flëssig Brennstoffe respektiv de Masutt.

De Statec ass zur Konkursioun komm, datt de Gaspreis mat deene Mesuren dës Joer par rapport zum leschte Joer zwar nach ëm 47 % klëmmt, awer ouni déi Moossname wär et eng Hausse vu 70 %. Beim Stroum ass d'Entwécklung op ee Joer just nach plus 0,5 % amplatz soss 2,1 %. D'Präisdeierrecht insgesamt gëtt ëm 0,4 Prozentpunkte gedréckt.

D'Energieversuergung ass nu mol e Grondbedierfnes vun all Mënsch an d'Ausgaben, fir säin Haus ze hëtzen, déi kann een net einfach op null setzen. Duerfir sinn dës Hëllef fir eis als LSAP eng Evidenz. Mee wéi mer wëssen, limitéiere sech déi Haussen net op d'Energie. Notament d'Liewensmëttelpräisser gounge jo och erop. A mir si kaum um Enn ukomm. D'Situatioun ass wierklech eescht! A genee dowéinst ass jo d'Tripartite, als Kriseninstrument geduecht, zum Droe komm. De Sozialdialog gouf gefouert. D'Decisiounen si bekannt.

Fir eis als LSAP war an ass et déi alleréischte Prioritéit, datt déi finanziell manner gutt gestallte Leit hei am Land hire Kafkraaftverloscht integral kompenséiert kréien. Dat war eist Zil, dass déi Leit, déi et am allermeeschte brauchen, méi kréien, wéi wann eng Indextranche erfällt wier. Dat wollt mer, dat ass geschitt, dat Zil hu mer erreecht. Dës Stéit kréien de Verloscht vun hirer Kafkraaft mam Steierkredit net nëmme kompenséiert, mee souguer méi wéi iwwerkompenséiert.

**Une voix** | Très bien!

**Une autre voix** | Ganz richtig!

**Mme Francine Closener (LSAP)** | Dat gëllt beispillsweis fir e Salarié, deen de qualifizéierte Mindestloun verdéngt. An der Steierklass 1 kritt dee Salarié ënnert dem Stréch 48 Euro méi de Mount eraus, wéi wann eng Indextranche erfällt. En Alengerzéiende mat engem Bruttoloun vu 4.500 Euro de Mount kritt mam Steierkredit 26 Euro netto méi de Mount wéi mat enger Indextranche.

D'Regierung firt also net mat der Géisskan queesch iwwert d'Land, mee se hëlleft geziilt deene Stéit, déi d'Hëllef brauchen. Dozou gehéieren och d'Studenten, déi an der Pandemie an engem besonnesche Mooss hu musse Sacrificer bréngen. Si ginn heiansdo vergiess. Duerfir begrësse mer, datt d'Studentebourse gehéicht gi mat Hëllef vun enger zousätzlecher Enveloppe vun 10 Milliounen Euro.

Am Ganze kascht de Solidaritéitspak en faveur vun de Stéit an den Entreprisë 753 Milliounen Euro, zesumme mat de Moossname vum Energiedesch 830 Milliounen Euro. Wien do vun enger Drëps op de waarme Stee schwätzt, dee läit einfach nieft der Plack!

**Une voix** | Ganz gutt!

**Mme Francine Closener (LSAP)** | Här President, den Indexsystem ass keen Instrument, fir sozial

Gerechtegkeet ze schafen. Dat war net säin Zil, an duerch dee Mechanismus gëtt déi Gerechtegkeet net geschafen. An duerfir huet d'Regierung jo och aner Mëttelen, zum Beispill déi successiv Erhéijunge vun der Allocation de vie chère.

Et steet fir eis als LSAP ausser Fro, datt iwwert d'Steiere muss fir méi Gerechtegkeet gesuergt ginn. Ech denken hei net nëmmen, mee besonnesch och un déi Alengereizend, déi am meeschten dem Risiko, fir an d'Aarmut ze rëtschen, ausgesat sinn. Dat kënne mer net zouloossen! Ech verstinn, dass déi grouss Steuerreform krisenbedéngt bis elo nach net komm ass. Pandemie a Krich kann een net einfach ignoréieren. Ech verstinn et, mee trotzdem bedauern ech dat Opschuppen, an d'Steierdebatte hei an der Chamber ass hoffentlech fir ganz geschwënn.

Här President, mir als LSAP stinn onmëssverständlech zum Indexsystem. Mir si gradsou der Meenung, datt een iwwert den Index eraus – iwwert deen aktuelle Kontext eraus – an Zukunft e Wee fanne soll, fir datt déi Kompenséierung, déi mer dëst Joer eng éischte Kéier maache wäerten, perenniséiert gëtt. An anere Wieder: Wann déi grouss Steuerreform dës Legislaturperiod net méi sollt kommen, da muss derfir gesuergt ginn, datt déi Suen, déi déi Leit aus den niddregen a mëttleren Akommesklassen elo méi kréien – also méi, wéi se bei enger Indextranche kréien –, da muss séchergestallt ginn, datt déi Differenz och an Zukunft bäibehale gëtt, eeben am Sënn vun der sozialer Gerechtegkeet.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, „Zukunft“ ass e gutt Stéchwuert. D'Zukunft ass keng Fatalitéit. Et ass den Job vun der Politik, kloer Visiounen ze entwéckelen, Weichen ze stelle fir déi nächst Joren a Joerzénge am Interessi vun den nächste Generatiounen. D'EU-Kommissioun applizéiert fir dëst Joer nach d'Clause dérogatoire générale, fir datt d'Memberstaaten dëst Joer déi budgetär Richtlinnen net mussen anhalen. Mir sinn als LSAP der Meenung, datt een hei méi ambitiéis misst sinn. D'Krittäre vu Maastricht vun der éffentlecher Verschuldung, de budgetären Defizit vun de Memberstaaten, déi baséieren eigentlech op kengen empirische Léieren. Et war einfach just eng politesch Decisioun. Politesch Decisiounen kann een allerdéngs änneren, duerfir kéint een dat hei maachen.

D'EU huet gigantesch Erausforderunge viru sech am Beräich vum Klimaschutz, am Beräich vun der Digitaliséierung. Am Interessi vun de Generatiounen no eis muss massiv investéiert ginn. An duerfir sollt ee sech iwwerleeën, ob mer net eng déifgräifend Reform vum Stabilitéitspak misste lancéieren, eebe fir dass mer, mir an aner EU-Länner, déi néideg Investissementer am Klimaschutz, an der Digitaliséierung, an der Bildung, an der Mobilitéit och kënne maachen, amplat datt mer eis vum nächste Joer un erëm selwer e Corset undinn, dee munch engem Land d'Loft ganz einfach hält. Et geet hei net drëm, Scholden ze maachen, fir Scholden ze maachen. Et geet och net ëm d'Finanzéierung vun Dépenses courantes. Et geet drëms, Investissementer ze maachen am Sënn vun den nächste Generatiounen.

Ee Beispill, ee konkreet Beispill vläicht ass de Schnelzuch. Iwwerall op der Welt, virun allem awer an de Schwellenländer, setzt sech lues a lues d'Erkenntnis duerch, datt ee mam schnellen Zuch souwuel Passagéier wéi och Wuere méi séier, méi effikass, méi ëmweltfrëndlech vun A op B transportéiere ka wéi mat soss engem Transportmëttel. China huet méi wéi 38.000 km Schinne fir Schnelzich, Frankräich 2.700 km, Italien och scho bal 1.000. Firwat net an Europa op d'mannst d'Hauptstied mam Schnelzuch verbannen? Wa mer als iwwerzeegten Europäer wëllen, datt de Green New Deal och wierklech déi europäesch Moundlandung gëtt, wéi d'EU-Kommissioun dat jo

selwer beschreift, da mussen och déi néideg finanziell Mëttelen agesat ginn.

Lëtzebuerg leet mat dësem Stabilitéitsprogramm säin Objectif à moyen terme fir déi nächst dräi Joer op 0,0 % vum PIB fest, wat dem Minimum vun der Kommissioun entsprécht. Dat ass eng gutt Noriicht, well et eis erlaube wäert, eis selwer eebe méi Beefrähheet ze gi fir eis ambitiéis Politik vun den éffentlechen Investissementer. Nach eemol: All Investissement, dat mer haut net maachen, wäert den zukünftege Generatiounen batter feelen.

Fir dëst Joer sinn direkt an indirekt Investissementer am Zentralstaat an Héicht vun 3,2 Milliarden Euro virgesinn, dat entsprécht 4,1 % vum PIB. Virun allem am Beräich vum Ëmwelt- a Klimaschutz féiere mer weiderhin eng ambitiéis Politik, fir eise Kanner e Land mat enger intakter Ëmwelt an enger héijer Liewensqualitéit ze erhalen.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Francine Cloesener (LSAP) |** D'Enveloppe vun de gréngen Investissementer kraazt fir dës Budgets-exercice un de 500 Milliounen Euro.

Mee och am Logement maache mer an den Investissementer e Sprong no vir, vun 162 op 313 Milliounen. Allerdéngs ass et esou, dass et mat de Suen aleng net gedoen ass, fir der Logementskris am Land en Enn ze setzen. Mir kënnen et net akzeptéieren, datt d'Präisser an d'Onendlecht klammen, datt d'Spekulante sech an hir iwwerfëllten Täsch laachen, während déi jonk Leit sech emol keng Wunneng méi kënne leeschten. En plus ginn elo d'Zësen erop, d'Prête méi deier. Duerfir muss mer nach u ville Schrauwen dréien. Mir muss vill méi Sozialwunnenge bauen zu Lëtzebuerg, virun allem am Beräich vun der Locatioun. Mee net nëmmen!

D'SNHBM huet am Moment Terraine fir 3.000 Logementer. Wann ee weess, datt se ronn 300 Wunnengen d'Joer bauen, da weess een och, datt déi Reserv net méi laang hält. Wa se solle méi bauen, wat jo onbedéngt néideg ass, dann ass déi Reserv séier opgebraucht. Hei muss d'ëffentlech Hand, Staat a Gemengen, hir Responsabilitéit iwwerhuelen. Virun allem muss séchergestallt ginn, datt d'ëffentlech Hand an de Besët vun den Terraine kënnt, ier se an de Perimeter kommen. A mam neien Artikel 21bis am Pacte Logement 2.0 geet d'Regierung dovun aus, datt eng 600 abordable Wunnengen all Joer un d'Gemenge kéinte goen. Dat ass en zolitte Schrëtt no vir, geet an eisen Aen awer nach net wäit genuch. Et muss een zum Beispill awer eng Kéier nodenken an diskutéieren iwwer eng Zort Lex Koller géint d'Spekulanten aus dem Ausland. D'Gronsteier ass ze reforméieren. Se ass an de leschten Zich. Dat ass eng gutt Saach! An et soll ee sech och emol iwwerleeën, ob e Regëster, fir Kloerheet ze kréien iwwert d'Besëtzhverhältnisse, net sënnavoll wier.

Et gouf scho villes gemaach an der Logementskris, fir se an de Grëff ze kréien. Mir hunn et nach net gepackt. Duerfir muss dat eng vun eise ganz grouss Prioritéiten bliwen.

Här President, d'Digitaliséierung ass natierlech eng Erausforderung fir all Land. An et ass evident, dass een dëst breet Theemefeld am PNR ermëfent. D'Bedeutung vun der Digitaliséierung erschléisst sech an engem besonnesche Mooss fir eng kleng an oppen Ekonomik wéi Lëtzebuerg.

2019 huet d'Regierung hir Strategie fir Innovatioun op Basis vun den Donnéeën lancéiert. Mat där Strategie gëtt déi digital Transformatioun an deene sougenannte prioritäre Secteure besonnesch virugedriwwen: d'Industrie 4.0, Logistik, Ekotechnologien, Gesondheestechnologien, Weltraumindustrie an net zulescht och d'Finanzservicer.

D'Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien sinn den transversale Motor bei der digitaler Transformatioun vun de genannte Secteuren, déi alleguer zur Diversifizéierung vun eiser Ekonomik bäidroen – eppes, wat mer bekanntlech alleguer wëllen a brauchen, net just den Här Mosar.

D'Strategie gesäit konkreet Aktiounen vir, déi op dräi Pilieren opbauen: Éischstens, d'Stärke vun eiser digitaler Infrastruktur; zweetens, d'Ënnerstëtze vun eisen Entrepreneuren, fir datt se innovativ Technologien an hir intern Prozesser integréieren; an drëttens, méi e generell favorable finanziellen a legislative Kader fir d'Daten-ekonomik.

Den Digital Innovation Hub ass e Partenariat tëscht dem Wirtschaftsministère, der Fedil, der Luxinnovation, der Handelskummer, dem LIST an dem FNR. Mat deem Hub gëtt den Entrepreneuren den Accès einfach gemaach op déi gesammelt Expertis, déi mer zu Lëtzebuerg am Beräich vun der digitaler Strategie hunn. Op dës Manéier kréien d'Betriber eng besser Äntwert op d'Fro, wéi een innovativ Technologien ëm- an asetze kann.

Lëtzebuerg huet sech och mat MeluXina e Supercomputer ginn, deen extreem nëtzlech ass fir d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomik. Doriwwer eraus kënnt dee Supercomputer awer och an den Asaz bei Applikatiounen am Beräich vun der Recherche, der personaliséierter Medezinn respektiv am eHealth.

De Sujet vun der HealthTech gëtt jo och am PNR ugeschwat, an dat ass ganz wichteg. Déi lescht Zuele beleen, dass d'HealthTech zu Lëtzebuerg Fouss faassen. Dat begrësse mir als LSAP ausdrécklech. De Secteur huet 2017 eng Valeur ajoutée vun ëmmerhin 180 Milliounen Euro generéiert. Am Moment schaffen 140 Betriber zu Lëtzebuerg an deem Beräich, déi zesummen 1.600 Salarieë beschäftegen.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

2019 koume vun deenen 30 Startuppen, déi um Programm Fit 4 Start matgemaach hunn, fënnef aus deem Beräich vun HealthTech. Dat weist, datt Lëtzebuerg als Standuert attraktiv ass an och ëmmer méi en innovativen Ekosystem opweise kann. De Wirtschaftsminister Franz Fayot war sech elo am Mäerz den HealthTech-Cluster Medical Valley op Erlangen a Bayern ukucken. Däitschland huet jo säit 2019 a senger Legislatioun d'Méiglechkeet fir d'Doktere virgesinn, fir digital Applikatiounen ze verschreiwen, déi vun der Gesondheitskeess unerkannt kënne ginn. Bei där Visitt gouf d'Kollaboratioun tëscht Lëtzebuerg an dem Medical Valley formaliséiert am Hibleck op den zukünftegen HE:AL Campus zu Esch. Dat ass eng ganz gutt Saach; personaliséiert Medezinn ass d'Zukunft.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir eng diversifizéiert Ekonomik brauch een natierlech héich spezialiséiert Salarieën. Aus deem Grund an aus villen anere Grënn ass et fundamental wichteg, dass mer zu Lëtzebuerg en effikassen Educatiounssystem opbauen, deen déi individuell Stärken vun eise Jonken erkennt an hinnen d'Moyene gëtt, hir Stärken ze entwéckelen an ze verdéiwen.

Wat mer op kee Fall méi brauchen, ass eng Orientatioun par l'échec, well soss brauche mer eis och net ze wonneren, wa mer ëmmer méi Talenter ëmmer méi wäit mussen siche goen.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Francine Cloesener (LSAP) |** Mir dierfen eis Talenter hei am Land net vernoléisegen. Dat ass dat mannst, wat mer eiser Jugend schëlleg sinn.

An deem Sënn begrësse mir als LSAP, datt d'Schoul-offer diversifizéiert gëtt, fir der Heterogenitéit vun



eise Jonke besser Rechnung ze droen. Déi international Filière féiert zu Diplom a Qualifikatiounen, gradwéi den traditionelle System. Verschidde Formations professionnelles fir en DAP ginn dann och parallel op Englesch ugebueden. Mee och de Lëtzeburger Schoulsystem, deem traditionelle System, dierf net stoebleiwen. Duerfir ass et gutt, dass mer méi Flexibilitéite kréien an de Sektioenen.

Virun allem awer muss fir eis d'Chancégerechtheet de Leitmotiv sinn an eisem Schoulsystem. De Bildungsbericht, deem neien, seet et nach eng Kéier kloer an däitlech: D'Diskriminierung vun de Kanner aus akommeschwaache Familljen, wou dohem kee Lëtzeburgergesch geschwat gëtt, ass dramatesch. D'Potenzial gëtt net genotzt. „A besonnesch am Hibleck op d'MINT-Berufsfelder entsteht der Wessensekonomie an der Fuerschungslandschaft en enormen Nodeel.“ Zitat Bildungsbericht 2021.

Mir müssen eis deem Thema unhuelen. Och dat ass vläicht e Schëff, dat ee muss virsichteg dréien; en Tanker, wéi de Gilles Roth virdu gesot huet, vun eisem Rentessystem. Mee mir müssen en dréien.

E weidert Thema, deem seng Bedeitung eis an der Pandemie – wuel eis an awer och, mengen ech, deem Allerleschten – bewosst ginn ass, ass natierlech d'Bedeitung vun eisem öffentliche Gesondheetssystem. Mir brauchen e performanten öffentliche Gesondheetssystem, fir d'Versuerung vu jidderengem ofzesécheren. Der öffentliche Gesondheet kann et nëmme gutt goen, wann et och deene Schwächsten an eiser Gesellschaft gutt geet. An et ass dach erstaunlech, wéi weineg ee Schratt genee an déi dote Richtung kommentéiert gouf.

Eis Ministere vun der Santé a vun der Sécurité sociale maachen nämlech déi universell Couverture de soins de santé méiglech, an dat an enker Zesummenaarbecht mat de konventionéierten Associatiounen. Domadder gräife mer deene Vulnerabelsten an eiser Gesellschaft ënnert d'Äerm, nämlech deene Leit, déi net obligatoresch affiliéiert sinn oder kënne sinn, déi net d'Mittelen hunn, sech fräiwëlleg ze affiliéieren.

D'LSAP ass enorm houfreg op dës universell Couverture, well se e staarken Ausdrock ass vun enger solidarischer Gesellschaft. D'Cotisations fir déi Affiliatioun ginn iwwert de Staatsbudget ofgedeckt.

Här President, trotz deem immense Kraaftakt, deem d'Gestioun vun der Covidpandemie eiser Gesondheitsministesch ofverlaangt huet, ass am Hibleck eeben op deen nationale Gesondheitsplang de Gesondheitsdësch lancéiert ginn. Hei sinn d'Hauptacteurs beienee komm. A sechs themateschen Aarbechtsgruppe goufen déi grouss Erausforderunge vun eisem System identifizéiert. Prioritär Mesurë gi proposéiert.

De Projet vun der Opwäertung vun de Gesondheitsberuffer dréit derzou bäi, d'Attraktivitéit vun dese Beruffer ze verbessern. Dat ass bluttnoutwendeg. Eng cibléiert Kommunikatiounscampagne gëtt an deenen nächste Méint lancéiert.

Och d'Mise en place vum sougenannte Paiement immédiat direct, oder am Volleksschind und Tiers payant genannt, fir d'Assuréeen ass a senger Pilotphas ukomm a wäert de Patienten d'Liewen immens, massiv erliichteren.

Virun hat ech scho gesot, dass Angscht e schlechte Beroder an der Politik an och am richtege Liewen ass. Dëst gëllt an engem besonnesche Mooss, wann een iwwer eise Pensiounssystem schwätzt. Mir hunn zu Lëtzebuerg déi ganz aussergewöhnlech Situatioun, dass mer eng ganz grouss Reserv op der Säit hu vu bal 24 Milliarden Euro, mat där mer, Stand haut, 4,8 Joer Pensiounen kënne ausbezuelen, ouni eng eenzel

Cotisiatioun. Mir müssen also elo net an der Urgence handeln. Mir kënnen eis déi néideg Zäit ginn, fir mat de Sozialpartner déi néideg Diskussioun ze féieren. An dat fänkt jo elo schonn u mat deem Avis, deem d'Regierung beim CES gefrot huet.

Mir wëssen natierlech, dass d'Demografie net fir eis schafft. D'Dependance wuesse méi séier wéi d'Recetten. An dat kann dozou féieren, dass am Joer 2041 d'Reserv manner wéi annerhalfeemol d'Prestations annuelles wäert ausmaachen.

Als LSAP wäerte mir net aus der Héft schéissen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Besonnenheet, e kale Kapp ass hei ugesot. Do ginn ech dem Gilles Roth Recht.

D'Notioun vu Gerechtheet schléisst och d'Generatiounegerechtheet mat an. Och déi nächst Generatioun muss sech nach kënnen op e Pensiounssystem verlossen, deem op zolitte Féiss steet.

Ech si perséinlech der Meenung, dass mer eis iwwerleeë sollten, wéi mer un zousätzlech Source fir de Finanzement vun eisem Pensiounssystem kommen. Net a Fro fir d'LSAP kënnt jiddefalls en ondifferenziéiert Erfosetz vun de Leeschtungen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Erausforderunge wäerten eis an desen onsécheren Zäiten net ausgoen. Et ass och nëmme mënschlech, wann een et heiansdo e bësse mat der Angscht ze di kritt. Mee dem Jacques Chirac säi Virgänger, de François Mitterrand, sot Follgendes: „Le courage consiste à dominer sa peur, non pas à ne pas avoir peur“. Dee Courage, dee brauche mer méi wéi jee.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och der Madamm Closener. An den nächsten ageschriwwene Riedner, dee scho prett ass, ass den Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, mir féieren haut en Debat iwwert d'ekonomesch Situatioun zu Lëtzebuerg an an Europa. Nom Covid schonn ass déi ekonomesch Relance elo duerch de Krich an der Ukrain wierklech erstéckt ginn: D'Liwwerkette gi beanträchtegt, d'Präisser, déi klammen, d'Stéit mat den niddrege Revenuen, déi hunn et wierklech schwéier, awer och vill Betriber, déi keng eenorm Récklagen hunn an deemno wéi nach duerch d'Pandemie ugeschloe waren, leide wierklech ënnert desen héije Präisser.

D'Regierung huet hei awer mat deser Majoritéit hir Verantwortung geholl a séier reagéiert mat engem éischte Pak, fir d'Gas- an d'Stroumpriisser ze stabiliséieren an d'Stéit mat niddregem Akommes ze ënnerstëtzen – gësch eréischt hu mer d'Gasgesetz gestëmmt, wou d'Netzkäschte vun der öffentliche Hand iwwerholl ginn –, duerno dann och mam Solidaritéitspak zesumme mat de Sozialpartner, e Pak, deem déi Stéit ënnerstëtzt, déi wierklech Hëllef brauchen, deem de Präisdrock vun de Betriber hält an awer och déi Erausforderungen, déi mer hunn, net aus den Ae verléiert. E Pak, deem an Europa sengesgläiche sicht, deem déi Stéit, déi Hëllef brauchen, wierklech ënnerstëtzt a se souguer iwwerkompenséiert. An de Statec, deem hat dat jo scho confirméiert, mee d'Fondation IDEA huet dat och nach eng Kéier gesot, dass mer mat deem heite Pak wierklech déi Leit, déi et wierklech brauchen, iwwerkompenséieren.

Geziilt virgoen, dat ass dat, wat mer elo wierklech brauchen an engem Moment vun Inflation, fir déi net

och nach weider unzeféieren. Dat awer och aus budgetäre Grënn a well mer wierklech d'Gerechtegkeetsfro net dierfen aus den Ae verléieren zu Lëtzebuerg, wou mer eng Situatioun hunn, wou d'Ongerechtegkeet ëmmer méi grouss gëtt an net manner grouss. A grad dowéinst ass et esou wichteg, dass mer geziilt ënnert d'Äerm gräifen, an dat ass och genau dat, wat mer mat deem neie Steierkredit maachen.

Och zu Lëtzebuerg ass d'Reprise schonn ofgeschwächt ginn duerch déi héich Präisser: 3,5 % Croissance hate mer fir 2022 virgesinn; elo si mer bei 1,4 % an an engem defavorabelen Szenario, also duerch d'Erhéijung vun den Zësen ass et souguer méiglech, dass mer dëst Joer just 0,9 % Croissance hätten.

Mir sinn also wierklech an enger Situatioun vun onsécheren Zäiten: d'Croissance, déi no ënne revidéiert gëtt, d'Inflation, déi klëmmt, d'Previsiounen ginn ëmmer méi onsécher. A kee weess genau, wéi et weidergeet, grad wéinst der Inconnue vun dem Krich an der Ukrain.

An dat alles ass dach iergendwéi en Déjà-vu. Mir hatten dat och scho bei der Covidkris. Och do – an dat ass eigentlech haut och nach esou, well déi Kris ass ëmmer nach do – wësse mer net genau, wéi et weidergeet. Mir ginn also vun där enger Onsécherheet an déi nächst. Derbäi kommen de Klimawandel, de Biodiversitéitsverloscht, d'Logementskris, d'Ongläichheeten, déi mer an der Gesellschaft hunn, déi klammen.

An dacks gëtt am Moment wierklech vun enger Zäitewend geschwat. D'Coronakris ass ganz sécher en Tournant, déi aktuell Kris ass ganz sécher awer och een Tournant. An een Ennerscheid par rapport zu der Biodiversitéitskris oder der Klimakris ass, dass déi vill méi schläichend komm sinn. An ech mengen, mëttlerweil ass et awer och fir jiddwereen net just visibel, mee fir jiddwereen och spierbar.

Fir domadder ëmzegoen, mat där Multitude vu Krisen, gëtt et natierlech verschidde Weeër. Et kann een de Wee wéile vun dem Nationalismus, wou jiddereen éischter just nach no sech selwer kuckt. A Frankräich gouf dee Modell e Sonndeg ofgewielt, also e gouf net gewielt. D'Leit hu sech fir deen anere Modell ausgeschat. Et gëtt d'Aussetzen, d'Ignoréieren, d'Klengerieden, d'Niéieren. Dat erliewe mer dach oft bei der Klimakris oder der Biodiversitéitskris. Da gëtt et natierlech och déi, déi ëmmer erëm reflexaarteg éischter d'Antworten an deenen ale Léisunge sichen, Léisunge vu gëschter, déi ons awer eigentlech net déi Antworte ginn, déi mer fir d'Zukunft brauchen.

D'Covidkris huet gewisen an och de Krich an der Ukrain huet et bestätegt: Wat mer elo brauchen, ass, dass mer méi onofhängeg ginn, fir dass mer doduerjer méi resilient ginn a méi krisefest ginn. Eng Onofhängegkeet vun där scho vill geschwat gouf, mee déi mer awer elo mat nach méi Vehemenz wierklech ëmsetze müssen: Eraus aus de fossilen Energien, eran an déi Erneierbar, ouni falsch Léisunge wéi Atomkraaft ze sichen oder deenen ze verfallen. Eraus aus enger Ofhängegkeet vu Russland, souwuel beim Gas wéi och beim Pétrol.

An awer och aner Beräicher mussen mer zukunftsfaeg opstellen, fir dass mer méi onofhängeg ginn, fir dass mer méi staark dostinn, an dat gëllt, wéi gesot, fir déi verschiddenste Beräicher.

Fir ons Gréng heescht d'Antwort ganz kloer, dass eng zukunftsfaeg Politik just eng solidaresch an eng ekologesch ka sinn, déi Investissementer an deem Sënn mécht. Solidaresch am Land. Solidaresch an Europa. Eng staark Zesummenaarbecht an Europa, zesumme mat eise Partnerlänner.

Domadder stelle mer ons géint Aggressiounen vu baussen, awer och géint déi Ugrëff, déi et gëtt par

rapport zu all deene Saachen, déi ons wichtig sinn an déi mer fir d'Zukunft, fir eng wierklech gutt Zukunft brauchen.

D'Zukunftsfroen zesummen ugoen, fir no der Kris méi staark dozestoe wéi virdrun – dat war och schonn d'Theema aus dem Budgetsrapport vun 2021, deen ech geschriwwen hunn, mam Titel „Zesumme méi staark aus der Kris“, wou ech 50 Recommandatiounen gemaach hunn. Ech hu mer dat gëschter nach eng Kéier ugekuckt an alleguerten déi 50 Recommandatiounen sinn eigentlech nach genau sou aktuell, wéi se deemools waren am Kontext vun der Covidkris, wou natierlech scho villes drop ... wou mer alleguerte scho wossten, dass mer och eng Klimakris hätten, dass mer missten onofhängeg ginn, mee et war awer net esou daitlech visibel wéi elo. An eigentlech hunn déi 50 Recommandatiounen nach vill méi Wichtigkeet kritt an deem aktuelle Kontext.

An den Exercice vun dem PSC an dem PNR, dee mir haut wéi all Joer maachen, ass eeben och en Deel vun där europäescher Zesummenaarbecht, dat Zesummenno-vir-kucken, méi resilient ginn. An déi grondleeënd Analys an d'Perspektiv vun den Dokumenter an den Äntwerten, déi och an den Dokumenter ze fanne sinn, déi mer kruten, déi deele mir. Mee et muss een dann awer och soen an déi Eierlechkeet hunn, dass vill Politiken, déi gemaach ginn, nach vill Inkohärenzen hunn, vill Kontradiktiounen hunn. An et geet net just drëm, a Riede vu Resilienz, Nohaltegkeet a sou weider ze schwätzen, mee et geet och wierklech drëm, se ressort-iwwergräifend a konsequent ëmzesetzen.

An ech mengen ... an ech wëll elo hei keng weider Beispiller zu dësem Zäitpunkt nennen, ech komme méi spët derzou. Do ass jiddweree gefuerdert, wierklech e kritesche Bléck op seng eege Politiken ze hunn a sech wierklech senger Verantwortung do ze stellen.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech wëll a menger Ried agoen op d'Wichtigkeet, fir d'Investissementer héich ze halen, sief et am Beräich vum Klimaschutz, der Gesondheitspolitik oder dem Logement. Dann ass et wichtig, dass mer d'Weiche richteg stellen, fir d'Klimatransitioun ze meeschteren. Mir mussen awer gläichzäitig och kucken, d'Staatsfinanze gutt opzestellen an ons Ekonomie nohalteg ëmzebauen. An dat gëllt natierlech bei der grousser Wichtigkeet vun der Finanzplaz och speziell fir si.

D'Krisen hu gewisen, dass mer ee staarke Staat brauchen, dee preventiv handelt, deen eis op Krise virbereet a se wa méiglech och verhënnert, fir dass mer méi resilient ginn. Mir brauchen also en Invest an d'Zukunft, dee preventiv ass an och sënnavoll investéiert. Déi Investitiounen, déi dann och gutt si fir d'Ekonomie, fir den Emploi an och fir d'Recetté vun Staat. Dat ass also en Effet multiplicateur vun den öffentliche Investissementer.

Fir de Gesondheitssystem ze stärken ... an ech mengen, et ass ganz wichtig, dass mer dat net vergiesen: D'Covidkris mécht elo grad fir de Summer e bëssen eng Paus, mee mir wëssen awer, dass mer Schwaachstellen an eisem Gesondheitssystem hunn, an do gëllt et, eis performant a wierklech staark opzestellen fir d'Zukunft.

Den öffentliche Wunnensbau mussen mer stärken. Alles, wat d'öffentlech Hand an de Wunnensbau investéiert, ass gutt a bleift och fir déi nächst Generatiounen do. An et ass dach awer wierklech eng Schan, wann een zrëckkuckt a gesäit, dass joerzëngtelaang zu Lëtzebuerg d'öffentlech Hand Logement gemaach huet, deen haut net méi an der öffentliche Hand ass. Hätte mer alleguerten déi Wunnengen haut an öffentliche Hand, déi ons elo feelen, da géife mer vill besser dostoien! Mee glécklecherweis gëtt dat haut anescht gemaach.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Mir mussen den Invest an de Klima an an den Ëmweltschutz acceleréieren, dat ass déi gréisst Erausforderung vun der Zäit. Dat hu mer scho gesi beim Covid: Ech wëll rappeléieren, dass de Covid sech entwéckelt huet aus enger Zoonos eraus, wou de Mënsch einfach ze no an d'Ökosystemer agegraff huet. Also hat och d'Covidkris eppes mat Ëmweltschutz a mat Klimaschutz ze dinn. A mir mierke grad sou gutt an där heiter Kris erëm, wéi ofhängeg mer vun de fossilen Energie sinn. Also: Investissementer an de Klima an an den Ëmweltschutz acceleréieren an eng kohärent Politik maachen.

A justement mat deenen Dokumenter, déi d'Regierung eis virgeluecht huet, hale mer déi Investissementer héich. Grad elo, a wirtschaftlech méi onsécheren Zäiten, hale mer se héich. Mir hu fir d'nächst Joer e Plus vun 11 % vun den Investissementer par rapport zu dësem Joer virgesinn, an och bis 2026 bleiwe mer konstant bei iwwer 4 % vum PIB.

Här President, Dir Dammen an Hären, mir mussen d'Weichen also richteg stelle fir d'Energie- an d'Klimatransitioun.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | An do iwwerhuele mer Verantwortung a mir setzen Akzenter, fir aus de fossilen Energien erauszekommen, mat engem ambitionéierte PNEC, mat ambitionéierten Ziler a Mesuren, fir méi Effizienz am Beräich vum Logement ze kréien, bei den Aiden a bei der Transitioun hin zu Erneuerbaren. Mir maachen dat heiheem, awer och an der internationaler Kooperatioun.

Mir hëllefen de Betriber am Kader vun der Tripartite, awer och mat anere Mesuren, am Kader vun där Transitioun. Mir verbesseren och d'staatlech Hëllef fir d'Stéit bei der Transitioun a Richtung Erneuerbarer a bei der energieetescher Renovatioun. An ech wëll Iech just e puer Beispiller nennen aus de leschten Deeg a Wochen, déi mer hei gestëmmt hunn: d'Gesetz vun der PRIME House, d'Gesetz vun dem Fonds de travaux oder vun de Prêts climatiques, déi mer dës Woch gestëmmt hunn.

An et geet drëm, dat doten ze boosten. Mir mussen hei méi séier virkommen. Mir mussen hei d'Investissementer grad elo héichhalen. De Staat an d'Gemenge mussen Virreider sinn a mir mussen de Bierger beschtméiglech hëllefen. Dat gëtt jo och gemaach mat der neier Klima-Agence.

Et gëllt och, d'Entreprise wierklech ze ënnerstëtzen. Et geet Iech bestëmmt och esou, mee ech gi permanent vu Leit kontaktéiert, déi wëllen eng Fotovoltaikanlag op den Daach maachen, déi wëllen eng energieetesche Sanéierung maachen, an d'Ausso ass ëmmer déi: „Ech fanne keng Entreprise. Ech kréie keen Démer erbäi.“ An et geet och zum Deel ëm de Materialmangel, dee mer hunn, mee et geet net just dodrëm. An dofir mussen mer eis Entrepreneuren nach vill besser opstellen, se besser ënnerstëtzen, och a puncto Knowhow, fir dass mer déi Energietransitioun kënnen ëmsetzen. Dofir mussen mer do eis Efforten nach méi drabrëngen, notament och mat engem Klimapakt fir Entrepreneuren, an den Här Fayot huet et gëschter scho genannt.

Mir hunn dann am öffentliche Transport zu Lëtzebuerg weltwäit, géif ech soen, den héchsten Investissement, deen et gëtt. An dat ass och wichtig a richteg esou, well zwee Drëttel vun eisen Emissiounen op dee Secteur zrëckginn. A mam Mobilitéitsplang 2035 plange mer haut schonn d'Mobilitéit fir muer. De François Bausch huet dee Plang kierzlech presentéiert an e geet am Moment duerch d'Land, fir mat de Leit driwwer ze diskutéieren. Ech war e Méindeg den

Owend op esou enger Veranstaltung, an d'Leit wëlle wierklech mat op dee Wee goen. D'Leit si prett, fir mat op dee Wee ze goen. Et ass elo un der Politik, fir dat ëmzesetzen.

Méi öffentliche Transport, méi Vëlo, méi Covoiturage, méi Elektromobilitéit. Dat bedeit nämlech justement, eraus aus de fossilen Energien. An deem Plang ass d'Zil fir d'Part modale ... et gëtt gesot, dass mer d'Part modale vum öffentlichen Transport vu 16 % op 22 % mussen erhéien, vum Vëlo vun 2 % op 11 %, well mer nämlech an den nächste Jore bis 2035 – a lo haalt Iech un! – 40 % méi Deplacementer wäerten hu par rapport zu 2017. 40 % méi Deplacementer 2035 par rapport zu 2017! Dofir gëllt et elo, déi richteg Entscheidungen ze huelen. Soss geet et wierklech an den totalen, totale Stau eran. Vill Leit soen, mir hätten haut scho vill Stau, mee wa mer hei net wierklech d'Weiche richteg stellen, hu mer den totalen, totale Stau. Dofir: déi richteg Investissementer. An hei sinn alleguerten d'Acteure gefuerdert, d'Gemengen, awer och de Staat.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Eng gutt Mobilitéit ass eeben och gutt fir d'Wettbewerbsfäegkeet a fir d'Attraktivitéit vum Land. Domadder stelle mer eis fir d'Zukunft op. Mir maachen eis méi onofhängeg, fir dass mer an Zukunft méi resilient sinn.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Ganz gutt!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Mat der neier Offallgesetzgebung, déi mer gëschter gestëmmt hunn, setze mer och d'Weiche fir eng Kreeslafwirtschaft. Onsen Émgang mat de Ressource gëtt hei grondleeënd verännert. Den Offall gëtt eng Ressource, déi net verluer geet, mee erëm benotzt gëtt, reparéiert a recycéléiert gëtt, fir eng nei Verwendung ze kréien. Lëtzebuerg geet domadder eraus aus der Wegwerfgesellschaft, eran an d'Kreeslafwirtschaft. An dee Reuse ass grad eeben och wichtig, fir dass mer vun dem Plastik onofhängeg ginn, deen op fossilen Energie baséiert. An ech hunn Iech et gëschter eréischt gesot: Mir verbrauchen d'äers nach immens vill zu Lëtzebuerg. An hei ass eeben och Innovatioun gefrot an der Ëmsetzung an hei bidde sech och ganz vill ekonomesch Opportunitéiten fir Lëtzebuerg. A Lëtzebuerg muss do wierklech e Virreider sinn.

Wat dann d'erneierbar Energien ugeet, do hu mer an de leschte Jore schonn d'Produktioun vun dem erneierbare Strom zu Lëtzebuerg verduebelt op 1.000 Gigawattstonnen. Ma déi Efforte mussen konsequent weidergoen, grad wéi och an der Energieeffizienz, well méi erneierbar Energien a méi Effizienz heescht ganz kloer méi Resilienz. Dat ass engersäits eng Fro vun engem geopolitische Muechthiweil, dat hu mer scho gesinn, mécht eis alleguerten awer och selwer méi onofhängeg. D'Zukunft läit nämlech och an der Dezentraliséierung an an der Autoconsummatioun. Et gëtt eis méi Versuerungssécherheet, et ass e risegen Zukunftsmaart an et ass virun allem eng bëlleg Energie – also kommt, mir boosten dat nach weider!

Här President, Dir Dammen an Hären, ech hunn et och scho gesot: Mir sinn an enger Situatioun vun ekonomescher Onsécherheet. An dat huet och Konsequenze fir d'Staatsfinanzen. Déi schwächelnd Reprise huet och Auswierkungen, wéi gesot, op d'Staatsfinanzen a mir gesinn dat an de Chifferen, déi an den Dokumenter hei drastinn. Amplaz wéi an dem Budget pluriannuel virgesinn, kéime mer net schonn 2024 an eng excédentaire Situatioun, mee eréischt 2026 wiere mer nees am Equiliber. Doduerjer klëmmt natierlech och d'Staatsschuld an et kommen natierlech nach zousätzlech Risiken derbäi, déi Auswierkungen op de Staatsbudget kënnen hunn: en eventuellen Embargo op russeschem Pétrol a Gas, deen zu engem nach méi staarke Réckgang



vun der Croissance kéint féieren, wat dann erëm den Defizit nach méi géif verstärken, a klammend Zënse, déi och den Defizit géife verstärken an d'Staatsschold géifen zum Klamme bréngen.

An dofir ass wierklech elo méi wéi jee de Moment, dass mer och déi budgetär Moyenen, déi mer hunn, sënnvoll asetzen a gläichzäitg kucken, wéi d'Resilienz vun de Staatsfinanze ka gestärkt ginn. Do ass et natierlech wichteg, dass mer bei alleguerten den Ausgaben Nohaltegkeetschecke maachen.

Ech kommen elo och zrëck op eng konkreet Propos aus mengem Budgetsrapport, déi nach wie vor pertinent bleift: Steuerbegünstigungen – an där hu mer der vill zu Lëtzebuerg –, déi de Staat all joer Milliounen kaschten an awer erwisenermoossen näischt brénge respektiv souguer méi Schued urliche wéi notzen, musse mer konsequent ënnert d'Lupp huelen. Ech schwätzen do vu klimaschiedleche Subventionen, där sech der eng ganz Partie bei eis verstoppen. Si dreien och d'Logementspräisser, an do kommen ech da mat engem Beispill, dat vum Amortissement accéléré, wou eng nei Etüd eréischt weist, dass virun allem déi räich Multiproprietären dovun profitéieren. Dat si 50 Milliounen am Joer, déi esou am Budget verluer ginn.

Mir si wierklech der Meinung, dass dat eppes ass, wat ee kann ofschafen, an de Conseil économique et social gesäit dat och esou, wéi si mir an der Cofibu op Nofro hin och bestätegt hunn, och wann et net grad esou däitlech an den Texter drastes. Ech hunn et extra nogefrot, a si hu gesot, dat wär eigentlech de logesche Schloss vun deem, wat se an hirem leschten Avis zur Steuerdebat och geschriwwen hunn.

Wann een driwwer schwätzt, dass mer eis Ausgabe besser checken, dann ass een natierlech direkt derbäi, dass mer e Green Budgeting maachen, eng systematesch Evaluatioun vum Impakt vun de Budgetsmaasures op d'Ëmwelt, dass mer kucken, eng Budgetisation par objectif ze maachen a genau analyséieren, wat d'Konsequenz ass vu steuerleche Mesuren, déi mer aféieren.

Gläichzäitg drängt sech natierlech op, dass mer weiterhin an der Moderniséierung vun eise Steuersystem schaffen, well déi strukturell Problemer, déi bleiwe bestoen a riskéieren och mat der Zäit, sech weider ze verstärken, wa mer net handeln.

E Punkt, deen de Moie scho gesot ginn ass, sinn d'Inegalitéiten, déi weider klammen an déi onse Steuersystem net opgefaange kritt. An ech deelen do och d'Analysen an d'Iwwerleeungen, déi de Gilles Roth de Moie gemaach huet, an och zum Deel déi Iwwerleeungen vun dem Francine Closerer.

En anere Punkt ass dann natierlech dee vum Logement, an ech wëll dat elo e bësse verknäppen. Mir hunn zu Lëtzebuerg nach 2.900 Hektar an de Perimetre stoen, Wunnraum fir 300.000 Leit. An dofir brauche mer eng wierklech konsequent Grondsteuerreform, fir dass mer déi Terrain mobiliséiert kréien. A wann d'Leit, déi Proprietär dovun sinn, se net mobiliséieren wëllen, ben, abee, da solle se bezuelen. An dann ass dat natierlech och eng Measure fir de Staatsbudget, wou mer dann déi Suen erëm reinvestéieren kënnen an de Logement an och a puncto ..., fir also de Budget méi resilient opzestellen fir d'Zukunft.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | An am Moment hänke mer zu Lëtzebuerg och nach ëmmer ganz vill un de Recetten, déi mer duerch d'fossil Energien erakréien. An ech mengen, amplaz dass mer krankhaft dorunner festhalen, ass et wierklech wichteg ze kucken, eis Budgetspolitik esou opzestellen, dass mer resilient sinn an dass mer eeben net esou op déi fossil Energien ugewise sinn.

An ech mengen, dat hei si wichteg Debatten, déi mer dann och an der Steuerdebat weiderféieren. D'Fro ass just: Wéini kënt déi Steuerdebat? Ech hat, et hat elo ee mer ... Ech war dovun ausgegangen, et wär virum Summer, mee d'leschte Kéier huet ee mech drop ugeschwat a gesot, en hätt elo iergendwou an der Press gelies, et wär elo och net virum Summer, et wär elo nach méi spéit, mee vläicht kënne mer an der Cofibu nach eng Kéier Detailler kréien, wéi do den Zäthorizont ass, well ech mengen, et ass eng ganz, ganz wichteg Debat, grad wa mer driwwer schwätzen, wéi mer eis fir d'Zukunft opstelle sollen. An ech menge virun allem, dass et ganz wichteg ass, dass d'politesche Partei sech positionéieren, dass se och soen, wéi si dozou stinn an, grad an där wichtiger Fro, wéi si sech virstellen, dass et do zu Lëtzebuerg soll weidergoen.

Wa mer driwwer schwätzen, wéi mer eis an Zukunft opstellen, dann ass et natierlech immens wichteg, dass mer eng nohaltig Ekonoméie zu Lëtzebuerg hunn. Dat heescht: Dekarboniséieren, Kreeslafwirtschaft, Krisen als eng Chance gesinn an d'Entrepreneuren an där Transition begleeden. Dat musse mer maachen, mat Aiden, mat Primmen, awer och mat fiskalen Incentives, fir dass se investéieren an d'Dekarboniséierung, an den Ëmweltschutz, an d'Kreeslafwirtschaft, an d'Effizienz, an d'Digitaliséierung.

A mir hunn dofir jo och schon eng ganz Partie Strategien. Et heescht just, se nach mat méi Ambitioun ëmzesetzen. Ech soen: d'Luxembourg Stratégie awer och de PNEC. D'Instrumenter sinn do. Et heescht, se weider ze boosten.

Wa mer iwwert d'Resilienz vun onser Ekonoméie a vun de Staatsfinanze schwätzen, dann ass et natierlech wichteg, dass mer iwwert de Finanzsektor schwätzen, well d'Staatsfinanzen hänken zu engem Drëttel vum Finanzsektor of. An de Finanzsektor war eebe grad ee Vektor, deen ons gehollef huet, gutt duerch déi Covidkris ze kommen. Aner Länner haten déi Chance net. An dofir ass et eeben ëmsou méi wichteg, dass och an Zukunft d'Finanzplaz nohaltig a gutt opgestallt ass.

D'Zentralbank huet an enger Analys gesot, dass d'Klimafinanzrisiken 2020 méi héich ware wéi 2016. Aleng am Bankesektor sinn d'Klimafinanzrisiken ëm 32 % geklommen. An d'Zentralbank seet, dass d'Autoritéiten hei gefuerdert sinn, fir derfir ze suergen, dass d'Klimafinanzrisiko besser erfaasst ginn an och reduzéiert ginn.

Och d'CSSF seet, dass de Finanzsektor net genuch klima- an ëmweltrelevant Informatiounen oppeelt.

Just 4 % vun de Fongen investéieren mat enger konkreter Nohaltegkeetsstrategie, seet d'ALFI.

Bon, wann ee seet Nohaltegkeetsstrategie, da weess een och emol nach net, wat dat genau heescht. Da weess een och net, ob dat Paräis-konform ass – dat heescht, just fir ze weisen, dass mer hei wierklech zimmlech am Donkelen tappen.

A wa mer déi 100 gréisste Fongen zu Lëtzebuerg kucken, da si mer, sou seet Greenpeace a baséiert sech och op eng Etüd, éischter bei engem Véier-Grad-Zenario wéi bei engem Zenario, dee mer eigentlech bräichten, deen eis an d'Perspektiv vun der Klimaneutralitéit géif féieren.

Dofir elo d'Transparenzregelen zu Lëtzebuerg ambitiéis ëmsetzen, First Mover sinn. Dofir brauche mer awer och déi néideg Instrumenter, fir den ekologeschen an de soziale Foussofdruck vun der Finanzplaz ze identifizéieren a fir et dann och kënnen an déi richteg Richtung ze lenken.

Dofir ass et wichteg, dass mer eis derfir asetzen, dass Gas an Atom net awer nach an d'Taxonomie erakommen. A mir dierfen dat natierlech zu Lëtzebuerg op kee Fall promouvéieren, well dat si keng nohaltig

Technologien, dat si keng zukunftsfaeg Technologien. A just eng gréng Finanzplaz, a keng gréng gewäsche Finanzplaz, ass resilient.

An an deem Kontext ass et och wichteg, mengen ech, dass een iwwert d'staatlech Fong schwätzt, also de Fonds de compensation an och de Fonds souverain intergénérationnel. Hei ass et wichteg, dass de Staat wierklech Virreider ass, wa mer eis wëlle staark opstellen fir d'Zukunft.

Eng rezent Analys vu Greenpeace, also déi Greenpeace maache gelooss huet, seet, dass de Fonds de compensation éischter op engem 2,7 °-Zenario ënnerwee ass an esouguer verschidde Fongen, déi do dra sinn, op engem 6 °-Zenario sinn. A wann een dee gesamte Portfolio kuckt – an haalt Iech elo un –, da wär dee gesamte Portfolio vum Fonds de compensation en Equivalent vun 9 % vun eise gesamten CO<sub>2</sub>-Ausstouss. Also de Portfolio vum Fonds de compensation huet en Impakt vun 9 % vun eisen CO<sub>2</sub>-Emissiounen, wat den Equivalent vun dem Industrieausstouss ass, dee mer zu Lëtzebuerg hunn.

Gradsou gutt seet déi Analys, dass eng 200 Entrepreneuren, déi do dra sinn, och net anstänneg op d'Liwwerkette kucken, ob d'Liwwerkette respektéiert sinn a puncto Mënscherechter. A knapp d'Hallschent, 47 % vun de Firmen, huet och kee gudden SDG-Rating.

Och hei ass et wichteg, dass de Staat seng Verantwortung iwwerhëlt. E muss mam gudden Exempel virgoen. E muss eis staark opstellen. Mir brauchen hei eng richtig Desinvestitiounsstrategie. Mir mussen eis d'Moyene ginn, fir déi néideg Analysen ze maachen an d'Expertise ze hunn. A firwat net, amplaz an d'fossil Energien, zum Beispill méi an de Logement an de Klimaschutz zu Lëtzebuerg investéieren, do wou mer wierklech Sue brauchen. An dat ass, wëll ech soen, net just eng Klimafro. Et ass net just eng Ëmweltfro, mee et ass virun allem och eng Fro, an dat ass och de Moie schonn e puermol ugeklongen, vun der Stabilitéit an der Zukunftsfaegkeet vun onsem Rentensystem. An et ass och wichteg dat an där Perspektiv ze gesinn, well mer hei, an d'Zuele soen dat, wierklech mat enger ganzer Partie Risiko verbonne sinn, net just Klimafinanzrisiken.

Wat an där heiter Debat, an der Debat haut, nach net esou oft diskutéiert ginn ass, wat awer allgemeng an no aktuellem Kontext eng grouss Diskussioun ass, ass d'Fro vun der Ernährung a vun der Landwirtschaft. Verschidde Produiten, de Weess, fir just deen ze nennen, awer och aner, gi méi rar. An doduerjer gi se och méi deier. Also klammen an der aktueller Situatioun an der Onsécherheet och d'Liewensméttelpräisser.

Iwwert d'Äntwerten an d'Reflexer vu villen, fir einfach en Zréckfuere vun decidéierten Ëmweltmesuren oder dstrategien ..., wéi d'Farm-to-Fork, kann ech wierklech just de Kapp rëselen, well dat, wat mer elo brauchen, ass grad méi Resilienz. A mir mussen elo weider un der Transition vun der Landwirtschaft schaffen, well déi nächst Krise si scho laang do, et si mol keng nächst Krisen, d'Biodiversitéitskris, d'Klimakris, si si schonn do. A kee spiert se esou staark wéi d'Landwirtschaft. An dofir ass et grotesk, elo einfach Mesuren, Strategie wéi Farm-to-Fork wëllen aussetzen, decidéiert Ëmweltmesur wëllen erofschrauwen, an alleguerten déi, déi dat maachen, sollte sech emol, mengen ech, wierklech genau domat auserneeetzen, wéi si sech virstellen, dass mer d'Landwirtschaft méi zukunftsfaeg sollen opstellen. An iwwer 600 Experten, also Agronomen, Wëssenschaftler hu gesot, dass mer elo kloer eng Transition brauchen: Éischens d'Liewensméttelspekulation bekämpfen an zweetens de Gaspillage alimentaire bekämpfen. Weltwäit flitt een Drëttel vun de Liewensméttel op den Tipp, an dat musse mer ugoen.

Een Drüttel weltwäit! Mir krite mat all deem, wat weltwäit produziéiert gëtt, d'ganz Weltpopulation ernäert. A mir diskutéieren driwwer, fir e puer Meter, op deenen ekologeschen Agrarmossname gemaach ginn, där mer schonn net genuch hunn – mir hunn d'Biodiversitéitskris a sou weider –, mir diskutéieren driwwer, dat nach weider ze reduzéieren, wou mer eigentlech weltwäit een Drüttel vun de Liewensmëttel, déi mer produzéieren, an d'Poubelle geheien a wou mer eigentlech genuch hätten, fir d'gesamt Weltpopulation ze ernären.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Kommt, mir beschäftegen eis wirklech mat de richtege Problemer!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | A kommt, mir ginn déi richtig un.

D'Ressourcë grad esou effizient notzen, dat heescht eng Promotioun vu manner Mëllech an eng vu manner mëllech- a fleeschlaaschteger Produktioun, fir eis eebe besser op méi Standbeen opzestellen.

Dann: d'Ofhängegkeet vum Konschtdünger reduzéieren. An dat alles sinn natierlech weltwäit Äntwerte vun deene 600 Experten, mee dat sinn awer och d'Erausforderungen, déi op d'Lëtzebuerg Landwirtschaft duerkommen. Dofir ass et eben och grad wichteg, dass mir hei zu Lëtzebuerg de Secteur an deem Sënn richtig opstellen.

An ech gesinn, d'Madamm ...

(*Interruption*)

... Hansen géif gär eppes soen.

**Mme Martine Hansen**, (CSV) | Villmools merci, ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dann hutt Dir d'Wuert, ...

**Mme Martine Hansen** (CSV) | ... Här President.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | ... Madamm Hansen.

**Mme Martine Hansen**, (CSV) | Ech wollt just eng Fro stellen. Dir sot: manner fleeschlaaschteger Produktioun. Wat wëllt Der dann ... Mir hunn 120.000 Hektar landwirtschaftlech Notzfläch oder 60.000 Hektar, an d'Hallschent ass Gréngland. Wat wëllt Der mat deem Gréngland maachen? Wéi wëllt Der et notzen, wann net iwwert d'Fleesch?

**M. François Benoy**, (déi gréng) | Also ech mengen, d'Äntwert ass doranner ..., virun allem hunn ech, Madamm Hansen, och schonn e puermol hei a Rieden ëmmer erëm gesot, dass mir komplett zu engem Gréngland-Standuert stinn an och dozou stinn, dass mer de Gréngland-Standuert notzen, sou wéi e soll genotzt ginn. An dozou gehéiert natierlech d'Produktioun vu Fleesch a Mëllech, fir e Gréngland-Standuert.

Ech mengen awer – an dat weisen och allegueren d'Ëmwelt-Donnéeën, déi mer hunn –, dass mer zu Lëtzebuerg am Moment ze intensiv do fueren, dass mer och en Intérêt drun hunn, d'Quantitéit éischter erfzeschrauwen a méi a Richtung Qualitéit ze goen, dass mer och en Intérêt drun hunn, d'Quantitéit éischter erfzeschrauwen a méi a Richtung Qualitéit ze goen. Dat heescht awer net, dass mer net no mat de Gegebenheeten, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, musse wirtschaften. Dat ass eigentlech och nääsch, wat ech contestéieren oder wou ech soss scho mol eppes anescht gesot hätt.

(*Interruption*)

Ech kommen dann, Här President, Dir Dammen an Hären, zu menger Konklusioun.

Dëse PSC a PNR stinn ënnert dem Zeeche vun enger onsécherer Situatioun, sécherheetspolitesch awer och ekonomesch. Mir hunn eng wirtschaftlech Situatioun, déi d'Biergerinnen an d'Bierger mat niddregen a mëttlerer Revenue belaaucht, déi d'Entreprise, virun allem déi kleng a mëttel an déi, déi engergieintensiv schaffen, a Bedrängnis bréngt, wat och direkt Implikatiounen op ons Staatsfinanzen huet.

A grad an dëse schwierigen Zäiten heescht et, Verantwortung ze iwwerhuelen, solidaresch zesummenzestoen, andeems mer der Ukrain an hirem Kampf fir d'Fräiheet mat militäresche Mëttelen hëllefen, andeems mer d'Stëit an d'Betriber ënnerstëtze mat engem Pak, deem direkt gräift an a senger Ganzheet och sozial gerecht ass, andeems mer déi richteg Weiche stellen, fir ons Onofhängegkeet vun de fossillen Energien an domat och vu Länner wéi Russland a sou weider ze reduzéieren an andeems mer weider an d'Zukunft investéieren.

A mir mussen och weiderhi Verantwortung an deem Sënn iwwerhuelen: mat geziilt Mesuren, fir de Leit an de Betriber ze hëllefen, andeems mer d'Staatsfinanzen am Bléck behalen a resilient maachen, d'Moderniséierung vum Steuersystem weiderbréngen, d'Ekonomie an d'Finanzplaz klimafreundlech opstellen, fir zukunftsäeg a resilient ze sinn a fir no der Kris méi staark dozoustoe wéi virdrun.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och dem Här Benoy. An den nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. An ech wëllt och ufänke mat engem Merci un d'Madamm Finanzminister an un den Här Wirtschaftsminister fir déi Presentatiounen, déi si eis gëschter gemaach hunn. Dat war interessant. A mir freeën eis, dass mer haut kënnen doriwwer diskutéieren.

Et ass awer och schued, an ech wëllt mech do och un dat uschlëissen, wat den Här Roth gesot hat, dass mer elo keen État de la Nation féieren. Dat wär e gudden Abléck dofir gewiescht. Mir hunn eng ganz Rei Krisen, an deene mer existéieren: d'Covidkris, déi nach net ganz eriwuer ass; mir hunn eng ganz staark international Inflation; mir hunn e Krich an der Ukrain. An ech mengen, et wär ganz gutt gewiescht, wa mer d'Geleeënheet gehat hätten, fir elo mam Här Staatsminister hei méi eng breet Debatt iwwert d'Situatioun ze féieren. An et ass schued, dass mer dat elo eréischt am Hierscht kënnen maachen, mee dat heescht awer och, dass dës Debatt awer schonn e bëssen e Bilan ass. Mir stinn elo ongeféier ee Joer, wann een dat esou a Sätzungswoche kuckt, virun den nächste Parlamentswahlen. Ech mengen, mir hunn nach eng 20, eppes ëm déi 20 Sätzungswochen, ier mer Walen hunn. Dofir wär et vläicht och gutt gewiescht, dee Bilan elo mol hei a Presenz vum Här Staatsminister kënnen ze zéien.

Et ass esou, dass mer déi Krise jo och mussen hannerfroen: Wéi huet Lëtzebuerg sech an der Covidkris positionéiert? Do gouf et sécher e puer positiv Punkten. Et gouf awer och Defizienzen an der Gestiou. Wéi stelle mer eis zu der Inflation? Wéi ass et mam Krich an der Ukrain? All déi Froen wëll ech elo an där nächster hallwer Stonn e bëssen uschwätzen.

A mir musse kucken... Mir hu ganz vill national ekonomesch Problemer. An da stellt sech natierlech déi Fro: Huet d'Regierung Äntwerten, oder wat sinn hir Äntwerten?

Ech wëll vläicht emol ufänke mat deene vun der Industrie, vum Artisanat an och vun der Landwirtschaft. Mir hunn och zënter der Covidkris eng ganz Rei Liwwerschwieregkeeten bei de Matière-premièren. Da muss een natierlech kucken, dass ee Liwwerschwieregkeeten, souwäit wéi et eis méiglech ass, aus der Welt geschaaft kritt an net nach neier derbäi mécht. Do komme mer herno och e bëssen un d'Sanktionsdiskussion.

Da musse mer kucken: Wéi ass et mat de Präisser vun de Matière-premièren? Wéi kann d'Regierung de Betriber an deem Beräich hëllefen?

Mir hunn e Problem mat den Düngemëttel, well der ganz vill haaptsächlech aus Russland an aus der Ukrain koumen, a mat de Raren Äerden.

Mir hunn e Problem mat qualifiziertem Personal, op der Finanzplaz, mee och am digitale Beräich an haaptsächlech an eiser Industrie. Mir hunn e Problem, fir genuch Leit op engem héijen Niveau ze qualifizéieren. A mir gesinn, dass international Spezialiste vläicht ofwandere. Dofir wönnere mer eis och, dass d'CSV proposéiert, eng nei Steierkategorie fir esou Leit anzeféieren. Mir musse Leit hei op Lëtzebuerg unzéien a se net verjoen.

Dann hu mer de Problem vun den Industriezonen an den Terrainen. Dat ass e ganz konkreeten Aspekt, och vun där grénger Politik an deene leschte Joren. Eis Betriber wëssen net wouhin, wa se Terrainen brauchen. An och do musse mer kucken, dass net eng dogmatisch, ideologesch Ëmweltpolitik eiser wirtschaftlecher Entwécklung am Wee steet. Dat muss matenee goen.

Bei der Digitaliséierung brauche se méi Hëllef vum Staat. Dofir ass et gutt, wa Lifelong Learning ... an de Staat och probéiert, an deem do Beräich Hëllef ze offréieren, mee mir mussen do wirklech massiv op de Wee vun der Digitaliséierung goen, och am Beräich vun der FinTech, fir den Interessi vun der Finanzplaz an der internationaler Konkurrenz besser wouerzehuelen. Mir wëssen, dass mer op der Finanzplaz relativ wäit zrëck sinn. Et gouf eng Etüd, déi eis bei der FinTech op d'55. Plaz gesat huet. Dat ass natierlech fir eng Finanzplaz vun eiser Gréisst keen dauerhaften Zoustand.

Déi ekologesche Transitioun, déi awer gewënscht ass, eng Dekarboniséierung, déi muss an engem Rhythmus goen, deen d'Betriber packen. Dat ass ganz wichteg. Si sinn an enger Konkurrenzsituatioun. Dat ka séier sinn, mee et kann net op d'Käschte vun der Kompetitivitéit vun eise Betriber goen, soss hale mer dat jo och net duerch. Si musse bei der Transitioun awer eng permanent sécher Energieversuergung hunn. Eng Energieversuergung, déi se sech kënnen leeschten. Och dat sinn Argumenter, déi mer elo musse kucken, wa mer am Sanktionskontext herno diskutéieren: Wat ass nach wirklech fir eis Industrie an och fir d'Privatstëit ze droen? Mir haten elo dës Woch déi Situatioun a Polen, a Bulgarien. An direkt sinn d'Gaspräisser enorm geklommen. Wat sinn do herno d'Repercussione fir d'Privatleit a fir eis Entrepreneuren?

Dann hu mer e legislativen Drock. Do huet d'Regierung en direkten Afloss. An dëser Situatioun, wou mer genuch Problemer hunn, geet d'Regierung hin a schwätzt vu Liwwerkettegesetzer, schwätzt vu sozialer an anerer Responsabilitéit. Alles dat ass schéin a gutt, mee och do musse mer dach Fouss bei Mol halen a kucken, wat mer am Abléck eiser Ekonomie iwwerhaupt nach zoumude kënnen!

An der Landwirtschaft hu mer de Problem Dünger, mir hu Greening, mir hunn en immensen Drock op d'Entrepreneuren, haaptsächlech also op d'landwirtschaftlech Entrepreneuren an haaptsächlech vu grénger Säit. Och do musse mer soen... Mir mussen den Drock ewechhuelen, eis Landwirtschaft respektéieren. Dat sinn



Entreprises, déi musse funktionéiere kënnen. A mir musse kucken, datt mer se an en Zoustand versetzen, wou se dat och kënnen maachen.

Am Logement hu mer natierlech e Problem, dee mer alleguer ganz gutt kennen. Mir denken awer, datt d'Regierung do déi falsch Rezepter huet. Mir gesi permanent, datt d'Regierung souguer de Problem nach verschlimmert. Mir hate Steiererhéijungen am Logement. Ech erënnere un d'Zweet-Wunnengen – 3 %, 17 % TVA-Erhéijung. Mir haten dës Woch nach nei Moossnamen, déi d'Bauen an d'Acquisitioun vun Immeublen nach méi deier maachen. Mir hate jo déi Diskussioun ëm e Renovatiounsfong, dee muss ugeluecht ginn. D'Iddi u sech – doriwwer kann een diskutéieren, mee firwat dat obligatoresch maachen? Firwat elo erëm nei Contraintë schafen, niewent Bauvorschriften an elo deem Fong, deen et ëmmer méi schwéier mécht, un e Logement kënnen ze kommen?

De Staatsbudget, dat ass natierlech ... Ech si frou, datt d'Madamm Finanzminister dat seet. Mir sinn an engem Defizit am Zentralstaat a mir sinn op engem geféierlech héije Sold vu 26 % vum Bruttoinlandsprodukt bis 2026. Dir sot: „Et ass ënner 30 %.“ Mee dat ass och eng arbiträr Grenz. D'Fro ass: Wéi packe mir dat? Wéi packe mir dat a wéi kënnen mer déi Scholden zrëckbezuelen?

Mee op där anerer Säit gi mer nach hin a mir maachen nach zousätzlech Scholden op europäeschem Niveau. Mir vergemeinschaftete Scholden a violéieren europäesch Traitéen.

A mir hunn ëmmer méi sozial Spannungen an eiser Gesellschaft. Déi sinn zum Deel hausgemaach. Mir haten an der Covidkris Restriktiounen vum de Grondrechter. Mir hate repressiv staatlech Moossnamen. Mir hunn eng an eisen Aen iwwerflësseg Diskussioun ronderëm eng Impfflicht. Mir hunn am Ufank vum Joer en héijen Absenteismus gehat, am weinst där 2G-Regel an deenen extreem staarken Drockmëttelen, déi de Staat agefouert huet, an ekonomesch Verloschter a ville Secteuren niewent anere Problemer an eiser Gesellschaft, wéi Kriminalitéit, Verfall vum Schoulniveau, eng Diversifizéierung an der Schoul, déi d'Integratioun behënnert, an nach eng ganz Rei aner Ursachen.

Ech hunn deen Exkurs hei gemaach, fir Iech ze weisen, wéi seriö déi Situatioun vum eise Land elo eigentlech ass, wéi grouss d'Erausforderunge sinn. An ëmmer mat där Fro verbonnen: Ma huet dës Regierung dann iwwerhaupt Äntwerten op all déi Problematiken, oder huet se net souguer derzou bäigedroen, d'Situatioun an enger ganzer Rei vu Beräicher nach ze verschlimmern?

An dofir wëll ech och vläicht elo direkt schonn ukënnen: Ech wäert mech och e bësse mat de Sanktiounen, mam Sënn an Onsënn vu Sanktiounen, beschäftegen, an och mat der Entwécklung vum Militärbudget iwwert déi nächst Joren, well och dat gëtt eng weider Contrainte fir eise Budget.

D'Regierung huet Rezepten, déi zu engem groussen Deel aus Steiererhéijunge bestinn, déi op eis duerkommen sollen. Dat wäert och den Enjeu ginn vun där Debatt, déi mer hei iwwert d'Steiere féieren. Wat kënn an deenen nächste Joren op eis zou? A mir soe gläich als ADR: Mir wëlle keng Steiererhéijungen. Mir musse kucken, datt de Staat mat deene Ressourcen, déi en huet, eens gëtt. Dat ass och d'Konscht vun der Politik, fir net elo dauernd hinzugehen an d'Grundsteuer, d'Spekulationssteuer, d'Kuelendioxidsteuer, d'Autosteuer ze erhéijen; et gëtt der esou vill, déi am Gespréich sinn an déi alleguer op d'Leit wäerten duerkommen an enger Situatioun, wou se scho leiden.

Ech kommen herno och nach op d'Tripartite an op d'Konsequenzen, den Index an esou weider.

Am Logement hu mer Dirigismus. Mir hätte gär méi Privatinitiativ. A virun allem musse mer dach emol endlech higoen a kucken: Wat ass dann d'Ursach? Et geet dach net duer ze soen: Mir musse méi bauen, méi bauen. Bis wouhin? D'Land zoubauen? Iergendeen an enger klenger neier Partei hat elo eng Kéier gesot: Mir mussen e grouss Schrëtt no vir maachen, mir mussen 100.000 Logementer bauen. Mee déi 100.000 an dann déi nächst 100.000. Mir musse kucken: Wéi kënnen mir dee Wuesstum hei am Land ënner Kontroll bréngen, fir datt mer aus där Millen erauskommen an deen onkontrolléierte Wuesstum do endlech emol ugin?

An dat bedéngt natierlech, datt mer iwwert d'Pensiounen schwätzen. Ech héieren hei d'LSAP a sou weider soen: Mir musse ganz virsiichteg sinn. Gläichzäiteg sinn et déi gréng an d'LSAP, déi soen: Mir mussen un dee Pensiounsfong do goen. Et gouf Echoen an der Press, wou scho gesot gëtt: Mir mussen d'Suen aus dem Pensiounsfong huelen, fir an de Logement ze investéieren. An domadder ginn dach d'Pensiounen vun deenen nächste Generatiounen dann emol richteg a Gefor bruecht. Alles dat si Geforen, wou ech mer soen: Déi Regierung hei, op jidde Fall zwou vun deenen dräi Parteien an der Regierung, hunn net déi Responsabilitéit, fir d'Pensiounen esou ze denken an de Pensiounsfong esou ze schützen, datt mer d'Pensiounen vun deenen nächste Generatiounen kënnen ofsécheren.

An dann den Ugrëff géint de soziale Friden an der Tripartite.

International gesi mer och, datt dës Regierung haaptsächlech matmécht, wat vun anere kënn. Wou sinn nach europapolitisch Initiative vun dëser Regierung? Wou ginn Akzente gesat? Et ass den absolute Suivismus, de Konformismus. Wa Scholde gemaach ginn... Den europäesche Budget, fir dat als Beispill ze huelen: Eis Kontributiounen iwwert den europäesche Budget ginn dramatesch erop an deenen nächste Joren, wann ech mech richteg erënnere, an der Gréisstenuerdung vun op 1,6 Milliarden, iwwer e puer Joer. An zrëck krute mer wat? 93 oder 98 Milliounen. Dat ass natierlech en eklatant Ongläichgewicht.

Gutt, et geet eis vläicht komparativ besser wéi aneren, mee wéi grad gesot, hu mir och eng ganz Rei vu Problemer hei am Land an eng sozial Situatioun, déi dramatesch gëtt.

Ech mengen, ee vu menge Virriedner hat un den Aarmutsrisiko hei am Land erënnert, wou mer, mengen ech, ëm 120.000 Leit an där Situatioun hunn, datt se direkt am Aarmutsrisiko sinn. Dann ass et awer och, fir dorunner ze denken, zemoos vun enger LSAP, awer net nëmme vun enger LSAP, fir dann ze soen: Ma mir hunn eng dramatesch sozial Situatioun hei am Land, da musse mer déi Ressourcen, déi mer hunn, och huelen, fir déi Problemer unzuegoen.

Wat maache mer? Waffeliwwerungen! Och mä Virriedner hei vun där grénger Partei, den honorabelen Här Benoy, huet grad gesot: „Mir musse Waffeliwwerungen maachen.“ Also do wäerte mer nach driwwer diskutéieren. Den Här Wiseler wor sou gentil, en huet eis eng Motioun hei op den Dësch geluecht, da kënnen mer vläicht de Mëtten och nach eng Kéier doriwwer schwätzen – do hunn ech zwar leider nëmme zwou Minutten, dofir wäert ech dann de Moien och e bëssen doriwwer schwätzen, fir datt mer e bëssen driwwer diskutéieren –, mee do ass en Ënnerschied tëscht der Positioun vun deene Gréngen a vun der ADR. Déi gréng soen: „Waffeliwwerungen“. D'Regierung seet, datt mir scho 50 Milliounen u Waffen do ginn. Mir hu gesot, direkt no der Kris hu mer eng Motioun hei deponeiert, direkt, wou dat ugefaangen huet: „Kommt, mir schreiwen an deen nächste Budget, Madamm Finanzminister, e Fonds de reconstruction vun 100 Milliounen

Euro fir d'Ukrain.“ Dat ass dat, wat mir proposéiert hunn. Mir hunn et hei nach net ofgestëmmt, awer d'ADR huet den Depot gemaach. Mir wëllen opbauen, opbauen an hëllefen, de Leit erëm en Doheim dohinsetzen, während anerer déi Waffe liwweren, déi awer mat derzou bäidroen, dat futti ze maachen, wat do steet.

**Une voix** | Den Här Putin seet Iech merci!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | D'ADR denkt ... Loosst den Här Putin fir sech selwer schwätzen, ech ginn do eens. D'ADR denkt, datt d'Regierung ...

(Interruption)

... einfach déi falsch Reaktiounen huet, a mir proposéieren eng aner Politik. Ech wëll dat ganz kloer soen. Déi Wiel, déi och d'nächst Joer bei de Walen ass, et geet schonn ëm eng Wiel tëscht verschiddene politeschen Usätz. Dat muss ee ganz kloer soen a mir bekennen eis derzou. An der Finanzpolitik, zum Beispill, Madamm Minister: Mir si géint Steiererhéijungen. Mir sinn och fir d'Ofschaf vum Kuelendioxidsteier. Mir wëllen, datt d'Steiertabell un d'Inflatioun ugepasst gëtt. D'CSV wëll dat mat gewëssene rhetoreschen Émbauten, dat hate mer hei am Prinzip schonn e puermol, och iwwer Upassung vum der Steiertabell; mir soen: Si soll automatesch ugepasst ginn. D'CSV huet e bëssen eng méi nuancéiert Positioun, mee mir bekennen eis dozou.

Well dat si verstoppte Steiererhéijungen. Déi kal Progressioun ass eng permanent Steiererhéijung, ouni datt vill driwwer geschwat gëtt. D'Leit mierken dat net esou, mee mir wëssen et. An ech mengen, mir mussen einfach do éierlech sinn a soen: Wa mer gär Steiererhéijungen hätten, solle se hei diskutéiert a gestëmmt ginn, amplaz dat esou verstoppt iwwert d'Netupassung vum der Steiertabell ze maachen.

A mir wëllen dee Mëttelstandsbockel, do si mer eis eens, mir wëllen, datt do och eng vill méi lues Progressioun erakënn.

D'Scholden, déi sinn zulaaschte vun deenen nächste Generatiounen, dat muss ee ganz kloer soen. Scholden sinn näischt Guddes. Mir wëlle ganz kloer soen: Déi Scholden, déi mer elo maachen, déi musse jo iergendwann eng Kéier zrëckbezueelt ginn. Mir hätten elo scho gär, datt d'Kapital op d'Scholden zrëckbezueelt gëtt.

A mir sinn och frou, dass elo viru Kuerzem e Kredit zrëckbezueelt ginn ass. Dat wor eng ganz gutt Saach. Op där anerer Säit wësse mer, datt et net laang dauert, dann huele mer deen nächste schonn erëm op. An op europäeschem Niveau, déi Opweechung vun de Maastricht-Krittären, déi hei och vun der LSAP kloer revendiquéiert gouf, dat ass en dramatesche Feeler. Net nëmme, well doduerch d'Stabilitéit vun eiser Währung, déi jo scho mat enger iwwerméisseger Geldmass konfrontéiert ass, nach weider a Fro gestallt gëtt, mee och, well et den Euro selwer politesch a Fro stellt, well natierlech d'Konditioun, fir den Euro ze kréien, notament vun däitscher Säit a vun e puer anere Länner, d'Stabilitéit wor, an net d'Vergemeinschaftung vu Scholden. An dat ass eeben elo a Fro gestallt. An doduerch, datt een ëmmer méi Ausname wëll maachen ... – déi eng soen: Investitiounen an d'Zukunft, déi schéin international Zich, déi aner soen: Mir mussen d'Militärdepensen aus de Maastricht-Krittären erausrechnen. Dat ass egal wat. D'Argument ass ëmmer: Mir mussen d'Maastricht-Krittären opweechen. An do kënn ganz sécher eng Resistenz, haaptsächlech vun deem wichtigste Memberland an der Eurozon: Däitschland. Mir provozéieren e Konflikt duerch esou Rasonementer. Mir solle kucken, datt mer mat de Suen eens ginn.

A wann e schéinen internationalen Zuch soll gebaut ginn, da kann een dat och an enger multilateraler

Kooperatioun maachen, do, wou een iwwer Finanzement schwätzt, awer dofir brauchen d'Maastricht-Krittären net opgeweecht ze ginn. Dat ass e Spill mat engem wichtege europäeschen Acquis, e geféierlecht a verantwortungsvollt Spill. Mir wëllen dat net. Mir wëllen eis zu deene Krittären do bekennen.

De Staat soll sech op seng Käraufgabe beschränken, amplaz ze mengen, e misst sech ëm alles këmmern an haaptsächlech ëm d'Privatliewe vun de Leit a sech an alles amëschen. Dat ass net eis Positioun, genausou wéi mer beim Logement op Privatinitiativ vertrauen an dem privaten Acteur Plaz loosser, amplaz op eng Verstaatlichung ze goen, amplaz d'Eigentum a Fro ze stellen, wéi hei d'Sozialisten an anerer dat awer maachen.

Mir haten d'Tripartite. An ech hunn hei d'LSAP héieren, d'Madamm Closener ass heihinner komm, huet gesot: Mir bekennen eis zum Index an esou weider. Den OGB-L huet eng ganz aner Approche. Den OGB-L huet eis hei eng Broschür geschéckt, eis alleguer, wou drasteet: „La seule réponse du gouvernement à la crise du pouvoir d'achat a été de convoquer une tripartite avec, comme seul objectif, de s'attaquer au système d'indexation automatique“, schreift den OGB-L. A si schreiw vum der Regierung, wou d'LSAP jo awer Member ass. An och nach schreift den OGB-L, wat déi Kompensatiounen ueget, ... an dat ass och e Rasonement, dat richtig ass, well déi geschitt jo iwwer d'Steieren, et si jo Steierkreditter, dat heescht, dass u sech de Staat d'Kompensatiounen bezilt, fir datt d'Betriber den Index net bezuelen. Dat ass jo dee ganzen Usaz. An den OGB-L seet, zu Recht: Jo, mee déi Steierkompensatiounen gi jo vun alle Steiere bezuelt, ginn also och vun deene Steiere bezuelt, vun deene Leit, déi herno d'Crédits d'impôts kréien. Dat geet aus där enger Täsch eraus an a déi aner erëm eran. Mee dat muss een och kucken, wann een iwwert déi Effikassitéit vun de Steierkreditter kuckt: Wat ass dann de Bilan schlussendlech dovunner?

Mee déi Kritik vum OGB-L, déi muss mer eis zu Häerz huelen. Mir hätten als ADR den Indexsystem preservéiert. Mir hätten awer den Entreprise bei hire Problemer esou massiv gehollef, datt se et gepackt hätten, awer den Indexsystem preservéiert. An dat ass méiglech. Ech hat am Ufank schon opgezielt, wat alles u Problemer an deem do Beräich besteet, wat d'Betriber alles u Suergen hunn an eisem Land. An do hätt d'Regierung esou vill Méiglechkeete fir ze hëllefen, fir anzewierken, an dat mécht se net. An dat ass eng direkt Responsabilitéit vum Wirtschaftsminister. Sidd do fir d'Industrie! Sidd do fir d'Entreprise! Hëllef hinne massiv an deene Problemer, déi mer kennen, déi se opzielen. An deen Abléck maache mer eist Land, a virun allem eise Wirtschaftsstanduert och kompetitiv a resilient.

(Interruption)

Mir hunn och zur Kenntnis geholl, bei deene Sprittpräisser ..., mir wäerten de Mëtten nach doriwwer schwätzen, mir sinn eis all eens, datt mer do eng 7,5-Cent-Reduzéierung aféieren. Dat ass eng vun deene Moossnamen, déi och da bei der Tripartite diskutéiert goufen, mee den Här Bausch hat jo an engem Interview viru Kuerzem relativ offällg iwwert déi Moossnam geschwat, mee dat ass och eng Attitud vun der Regierung oder vun deene Gréngen, ech weess net, wien do derhannert ass, déi ass awer net akzeptabel. Well mir hunn esou vill Leit, ech hu vun deene Leit geschwat, déi un der Aarmutsgrenz leien, a mir hunn och esou vill Frontalieren oder Leit aus ländleche Regiounen, déi muss ganz wäit fuere fir op d'Aarbechtsplaz, wou da gesot gëtt: Jo, déi 7,5 Cents, datt ass jo näischt, oder esou. Dat ass eng Arroganz géintiwwer deene Leit, déi net vill hunn, déi mir net akzeptéieren. Mir freeën eis, datt déi Moossnam agefouert ginn ass. Et geet eis bei Wäitem net duer. Mir hätten nach kënne vill méi

envisagéieren. Awer fir dann och nach schlecht iwwert déi Moossnam ze schwätzen, vun der Säit vun engem Regierungsmember, dat ass manner wéi schlechte Stil, nach manner wéi dat.

Wësst Der: Déi Suergen do, vun Industrie, vun Handwerk, vun deenen Independanten, vun der Landwirtschaft, déi kann ee ënnerschiedlech ugoen. Et kann ee soen: „Mir maachen eng ideologesch Politik stur virun“, wéi déi gréng dat priedegen. Oder et kann ee soen: „Mir hëllefen deene Betriber.“ Dat ass eis Positioun. Mir sinn do, fir de Betriber ze hëllefen, well schlussendlech liewe mer all vun hinne, vun deem, wat eis Economie eis ka ginn. Staark Leeschtungs- a konkurrenzféig muss mer se maachen. A se net ënner ideologeschen Drock setzen.

Mir wëlle massiv Investissementer a Bildung an Ausbildung. Mir wëllen als ADR eis Schoul erëm un d'Spëtzt an Europa bréngen. Do gehéiert se hin, sou wéi et fréier war. Jo, mir wëllen eng Schoul mat Leeschtung, mat Wëssen, mat Kënnen, amplaz datt mer se auserneerappen, amplaz datt mer wierklech den Niveau permanent erofschrauwen. Dat ass net eise Wee.

A mir hätte gär, datt mer d'Betriber wierklech ënnerstëtzen, wa se a Fuerschung an an Entwécklung eraginn. Och d'Betriber, net nëmmen de Staat. Mee d'Betriber massiv ënnerstëtzen, bei Fuerschung an Entwécklung, wéi d'Startuppen. Am Ausland gëtt et X Virbiller. Mir sinn hannendran. Mir mussen och do un d'Spëtzt kommen. A mir hätte gär, datt de „Made in Luxembourg“ wierklech eng international Referenz gëtt.

Ech bewonneren dacks hei Schwäizer an aner Kollegen, déi et fäerdegbruecht hunn, de „Made in Switzerland“ zu enger Referenz ze maachen. Mee de „Made in Luxembourg“ soll dat och sinn. A wat maache mir? Eisen Nationbranding: Ewechgehäit Geld! Well kee Mënsch weess, wat do geschitt. Näischt geschitt. Näischt, wat iergendwéi sënnavoll ass. An näischt, wat eis iergendwéi no vir bréngt. Mir brauchen einfach Fantasie, fir eist Land no vir ze bréngen.

Dann hu mer als ADR eppes gefuerdert, wat mer der Regierung un d'Häerz leeën: e Kompensatiounsmechanismus fir déi Privatbetriber, déi Leit ausbilden. Mir hunn dee Problem hei am Land, datt mer déi Privatleit, d'Handwerk hunn, dat Leit ausbilden an no e puer Joer ginn déi Leit da bei de Staat, bei d'Gemengen, well se do besser verdéngen. Den Usaz, fir d'Ufanksgehalt beim Staat erofzesetzen, war komplett falsch. Richtig wär, de private Secteur ze kompenséieren fir déi Formation, déi en dem Staat eigentlech finanzéiert. An dat ass dat, wat mer gär fuerderen, an dat hu mer scho gesot. A mir bleiw bei där Fuerderung. Mir kënnen net hinhuelen, datt de Staat den Investissementer vum private Secteur profitéiert, fir seng Rekrutementsproblemer ze léisen.

A mir hätte gär eng engagéiert Ëmweltpolitik, mat eise Betriber an net géint eis Betriber! Eis Betriber hunn immens vill Iddien an Initiativen, wat ee ka maache fir d'Ëmwelt. Mir denken dat mat hinne. A mir gesinn d'Ëmwelt net nëmme klimazentriert. D'Waasser, de Buedem, de Kaméidi, d'Luucht, d'Liicht an d'Loftqualitéit – alles dat si wichteg Saachen an der Ëmweltpolitik. An e bësse kënn dat alles an den Hannergrond duerch déi Zentrierung op d'Klimapolitik. Déi huet och hir Wichtigkeet. Awer mir mussen Ëmweltpolitik global denken.

Bei der Inflation ass et ganz einfach, datt mer d'Architektur vum Euro wëlle retten, well mir als Finanzplaz brauchen den Euro. Mir brauchen den Euro als eng Währungsunioun, als e klengt Land. A mir mussen zrëckkomme bei d'Geldstabilitéit. 2 % Inflation maximal. 2 % ass jo och schon net stabil, mee et gëtt emol ugehall, dat wär stabil. Dat ass awer de Maximum.

Am Abléck hu mir an Däitschland an och hei zu Lëtzebuerg déi Situatioun, datt mer all Dag Geld verléieren. Jiddereen, deen e Spuerbuch huet, verléiert all Dag Geld duerch déi héich Inflation. Dat ass politesch net iwwer eng laang Zäit auszehalen. A firwat? Ma well d'Zentralbank, déi Europäesch Zentralbank, net kapabel ass, eng Zenspolitik ze maachen, wéi et hiren Optrag ass, fir d'Geldstabilitéit ze garantéieren, mee well se sech, wéinst deene maroden Economien am Süden, kee méi en héijen Zënssaz ka leeschten, net kapabel ass, eng Stabilitéitspolitik ze maachen, wéi et hiren Optrag wär. Dat ass explosiv.

An da gëtt ëmmer gesot, mir wäire bei der ADR net proeuropäesch. Mee mir si wierklech proeuropäesch, well mir géife gär d'Zentralbank retten. Mir wëllen den Euro stäipen. A mir wëllen en eraushuelen aus enger Diskussioun, déi mat Sécherheet kënn an déi dat Ganzt a Fro stellt, well et hei ëm e permanenten Offloss vu Geldmëttelen aus dem Norden an de Süde vun Europa geet. Dat ass explosiv. Dat hale mer iwwert d'Zäit net aus. A wann een zu Europa steet, da muss ee kucken, datt den Eurosystem dat kann, datt dee stabiliséiert gëtt. An dofir brauche mer eng Reform vum TARGET-System.

Mir brauchen d'Méiglechkeet vun engem temporären Austrëtt. Mir brauchen nei Reegelen, wat d'Kafe vu Staatspabeieren ueget, och um Sekundärmarkt. Alles dat muss wierklech ... Mir brauche vill méi streng Bonitéitskrittären. Alles dat muss vertraglech nei gereegelt ginn, fir den Eurosystem ofzesécheren.

Mir hätten och gär, datt déi europäesch Institutionen elo net vun deene multiple Krise profitéieren, fir Powergrabbing ze maachen – sief et am Gesondheessektor, sief et am Verdeedegessektor –, ouni Traitésännerungen. Dat ass ondemokratesch, wat am Abléck an Europa geschitt. A mir hätte gär eng Demokratie an Europa an eng Transparenz. An dat heescht, datt mer och Traitésdiskussiounen mussen féieren.

Mir sinn duerch de Brexit, Här Wirtschaftsminister, Madamm Finanzminister, an där Situatioun, datt mer eng enorm Konkurrenz kréie vu London an Drock op eis Finanzplaz. Ech hat iwwer FinTech geschwat. Mir mussen eis Finanzplaz ofsécheren, sécheren, well mir ënner e Konkurrenzdruck kommen. A mir liewen zu engem groussen Deel vun der Finanzplaz. Dofir muss mer kucken, datt mer do virumaachen. A mir brauchen eng Reindustrialiséierung. An och do muss Lëtzebuerg säi Bäitrag kënne leeschten an Europa. Mir brauche méi Eegeproduktioun a manner Ofhängegkeet a strateegesche Secteuren vun asiatesche Liwweranten.

Ech kommen nach ganz kuerz ... ech wollt awer nach e puer Wuert iwwert d'Sanktiounen soen, well de Mëtten hunn ech net vill Zäit. Sanktiounen géint Russland hu mer der säit, ech weess net, säit ganz Laangem. Op jidde Fall ronderëm 2012, 2013 huet dat emol ugefaang, 2014 mat der Krim-Kris. Mir hunn der X an alle méigleche Beräicher, géint Leit, géint d'Economie, géint Firmen an esou weider, just iergendeen Notzen hate se ni! Näischt! No der Krim-Kris sinn der erëm agefouert ginn. Ass d'Krim am Abléck net méi russesch? Huet et iergendeppes gehollef? Et huet näischt gehollef.

Dat huet och Ursaachen. Éischtens: Et gëtt ni gekuckt, wéi sënnavoll oder net sënnavoll se iwwerhaupt nach sinn. Well mir brauchen an der EU Decisiounen, woubäi awer eng Rei Länner sech souwisoou automatesch dergéint opposéieren, fir déi Sanktiounen ze iwwerpräieren oder eventuell opzehiewen. Si schueden awer eis, an dat ass déi aner Consideratioun. Net nëmmen, datt se bis elo wierklech eigentlech näischt bréngen, mee si schueden eiser Landwirtschaft, si schueden



eiser Industrie. An dofir musse mer och emol kritesch kucken: Wat ass dat dann iwwerhaapt? A wat bréngt dat?

Et ass e Bilan ze maachen. Mir hunn duerch déi Sanktiounen souguer nach eng Rei totalitär Tendenzen a Russland ënnerstëtzt. Dat Mësstraue géintiwwer ONG-en, dat Mësstraue géintiwwer de Medien: Och dat ass eng Konsequenz vun där Konfliktsituatioun am Westen. Dat heescht: Si waren net nëmmen net produktiv, si waren och nach kontraproduktiv. Mir hunn dat schonn e puermol hei gesot. Well: Sanktiounspolitik, wann een déi wëll maachen, muss et eng intelligent Sanktiounspolitik sinn an net dat, wat mir opféieren, wou mer der hott an har aféieren, ouni dat sech déi russesch Politik doduerch iergendwéi géif änneren, awer zu eiser Laascht. An do muss een dann awer kucken: Wat ass wierklech sënnavoll? An: Wat solle mer maachen?

Mir hunn elo erëm eng ganz Diskussioun ëm déi nei Sanktiounen. Och an der CSV an am Europaparlament a sou weider gëtt déi gefouert. Et muss ee sech eng Rei Froe stellen, wann ee mat Sanktiounen ze dinn huet. Ech wëll der hei just véier nennen. Et sinn der nach! Mee et muss een awer kucken, éischstens emol: Wéi eng ekonomesch Konsequenzen hunn déi Sanktiounen op eis eegen Ekonomie an op eis eegen ekonomesch Interessien? Kuckt emol déi Sanktiounen, déi mer elo hunn. D'Cargolux war bis elo zu Nowosibirsk, elo ass et net méi esou. Katar huet elo aner Virdeeler. China huet aner Virdeeler. Awéiwäit ass eis eege Konkurrenzsituatioun dovun betraff? Wéi eng Géigemoossnamen hëlt Russland?

Zweet grouss Fro. Bei den Energiesanktiounen hu mer elo déi Situatioun: Polen a Bulgarien, wéi gesot. Wa mir elo nach weiderginn, da muss ech awer soen, dann därefer mer net liichtfankeg mat der Situatioun ëmgoen. Déi 3 %, do ass gesot ginn: „D'Croissance gëtt ëm 3 % reduzéiert.“ Wa mir 3 % Abroch hunn, si mir an enger seriöser Rezessioun. An der Covidkris hate mer eng Situatioun, an där mer vun iwwer 2 % geschwat haten, mat allem, wat dat geheescht huet fir eis Ekonomie, fir de Chômage. Bei 3 % ass dat e Rezessiounsszenario, bei deem ee sech da muss froen: „Bon, dat ass dat, wat mir kréien. Huet dat politesch iergendee Sënn?“

Dat ass jo erëm dat Géigegewicht, well ee sech muss froen: „Wa mir hei an eng Situatioun erakommen, an där eis Mobilitéit ageschränkt gëtt, eis Industrien net méi kënnen produzéieren, d'Leit doheem net méi kënnen hëtzen“, dat ass nämlech och eng Fro, „awéiwäit kënnen mer d'Leit dann iwwerhaapt nach mat Gas beliwweren? Wéi vill Leit hëtzen hei am Land mat Gas? Wéi wäit brauch eis Industrie dat?“ Wa mir do Restriktiounen musse maache wéinst enger oniwuerluechter Politik, déi näischt bréngt am politesch Resultat, mee dann hutt Dir d'Verantwortung. Mir net, well mir soen: Och d'Sanktiounspolitik, wann ee se wëll maachen, wa se iwwerhaapt Sënn huet, da muss dat intelligent gemaach ginn.

Ech gleewen net, dass se iergendeppes bewierkt. Well op där anerer Säit huet Russland jo X Méiglechkeeten. Da gëtt gesot an där Motioun: „30 % Aboussen am Bruttoinlandsprodukt vu Russland.“ Dat ass sécher falsch! Dat ass sécher falsch, well se e groussen Deel vun deene Saachen och an aner Länner exportéieren kënnen. Beim Gas ass dat méi schwierig wéinst de Gasodukten, dat ass richtig. Mee beim Pétrol ass et net de Fall, bei de Rare Äerden ass et net de Fall, bei den nukleare Brennstoffen ass et net de Fall. Also mir musse ganz, ganz gutt oppassen. Ech géif wierklech recommandéieren ze denken, ier een handelt. Dat huet normalerweis seng Virdeeler.

An dann: Wéi eng Alternativen hu mer? Wéi eng Alternativen? Wa mer net bei Russland ginn, da gi mer bei Diktaturen akafe wéi Venezuela, den Aserbaidjan. Mir erhéien de Krichsrisiko am östleche Mëttelmierraum wéinst der Situatioun mat der Tierkei an de Gasressourcen virun Zypern. Dat heescht, mir favoriséieren nach Konflikter an deene Regiounen. Mir gi bei arabesch Länner vun zweifelhafter Reputatioun. Ob dat elo dee grouss politesch Virdeel géintiwwer der aktueller Situatioun ass, dat woen ech ze bezweifelen.

Ech soen nach, well d'Zäit mer bal ausgeet, ... Ech kéint dat nach ganz laang viruféieren. Dat ass e flotten Theema, gläichzäiteg leider en dramateschen. Nee, ech wëll awer nach vläicht e Wuert zum Militärbudget soen iwwer déi nächst Joren.

Do sti mer ënner Drock. Dat wësse mir och. A mir sinn als ADR selbstverständlech och der Meenung, dass mer musse kredibel ofschrecken an dass mer mussen e Bäitrag zur Solidaritéit an der NATO leeschten. Dat ass net eise Problem.

Eise Problem ass d'Sënnhaftegkeet vun engem erhéichte Militärbudget. Fir wat ze maachen? Well eise Militärbudget am Weste läit elo schonn ëm 16 mol méi héich wéi dee russeschen. Dat muss ee wëssen. Mir ginn déi Suen net ëmmer optimal aus. Mir kënnen dat optiméieren. Dat ass ganz sécher richtig. Et wär och eng intelligent Saach, fir dat ze maachen. Mee fir elo an eng nei Oprëschtungsspiral ze goen, op d'Käschte vu Wuelfstand, vu Fräiheet, och vun eisen ekonomesch Interessien? Mat wéi engem Resultat schlussendlech? Wëlle mer eng nei Oplo vum Kale Krich? Also och dat muss mer eis froen: Ass dat iergend eng realistesch Perspektiv am Abléck, dass d'Russland géif d'NATO ugräifen?

Also ech ...

*(Interruption par M. Claude Wiseler)*

... mengen, mir mussen och do, Här Wiseler, och do denken ...

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

*(Interruption par M. Claude Wiseler)*

Jo, mee mir schwätzen elo. Hutt Der eng Fro? Hutt Der eng Fro, Här Wiseler? Da stellt Är Fro. Awer soss verweisen ech op déi Diskussioun, déi mer de Mëtten nach hunn.

*(Intervention par la présidence)*

Mee ech ... Den Här President ...

*(Intervention par la présidence)*

... erënnert mech mat Recht drun, ...

*(Intervention par la présidence)*

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Dir sidd wierklech Der Meenung, dass fir d'NATO keng ...

*(Intervention par la présidence)*

... Gefor ass?

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Ech soen, ...

*(Interruption par M. Wiseler)*

... ech soen ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Här Kartheiser, sidd Der d'accord, dass den Här Wiseler Iech ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo.

**M. Fernand Etgen, Président** | ... eng Fro stellt?

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Selbstverständlech.

**M. Fernand Etgen, Président** | Well Är Riedezäit ass eriwwer.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Voilà. Ech sinn d'accord. Wann den Här Wiseler wëll eng Fro stellen, da kann en dat gär maachen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Dann däreft Der nach just dorobber äntweren.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Den Här Wiseler gëtt Iech nach e bësse Riedezäit aus.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Wann e wëll, gär.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Wann dat esou ass, dann zéien ech meng Fro zrëck.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Bon, ok!

*(Hilarité)*

Dat, Här President, an dat ass mäi lescht ...

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | ... Wuert, ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Den nächsten geschriwwene Riedner ...

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Très bien! Très bien, Här Wiseler!

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | ... dat ass mäi lescht Wuert, ...

*(Hilarité)*

... Här President, fir dorobber ze äntweren. Ech stelle fest, dass d'CSV géintiwwer der ADR léiwer keng Fro stellt, wéi eng Nidderlag ze erlieden.

**M. Fred Keup (ADR)** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Ech soen, Här Kartheiser: ...

**Une voix** | O!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | ... Mir äntweren! Mir hunn de Mëtten eng Debatt doriwwer, an do wäerte mer kloer Positiounen bezéien. An do kënnst Der Iech nach eng Kéier expriméieren, an do wäerten eis grouss Differenzen da ganz kloer hei zum Virschäi kommen.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Dat hoffen ech, Här Wiseler, well dat ass ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | ... nu wierklech néideg.

**M. Fernand Etgen, Président** | ... Här Kartheiser. Merci villmools, Här Wiseler. An den nächsten geschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Merci, Här President, Kolleginnen a Kollegen, Madamm Ministesch, Här Minister, bei der parlamentarescher Rentrée am leschte September hate mir als Lénk op eiser Pressekonferenz gesot, dass bei där heiter Koalitioun d'Loft eraus wier an dass se kee gemeinsame Projet a keng Visioun méi hätt fir dëst Land.

Wou ech de PNR, de Programme national de réforme, gelies hunn, ass mir dës Analys nees direkt an de Kapp komm. Well dëst ganz Dokument, dat jo ouni Annexen iwwer 100 Säiten huet, ass just en Opwierme vun ofgestanene Platen, dee mer scho säit Jore kennen a kritiséieren, well se eiser Meenung no net den Erausforderunge gerecht ginn, an deene mer sinn an op déi mer eis zoubeweegen.

An där Hinsicht ass dat Dokument scho bal erëm interessant, well et déi ganz fantasieel Politik resuméiert an dokumentéiert, déi mer an de leschte Jore gesinn hunn, an och en Ausléck gëtt op dat politesch Lach, dat eis bis déi nächst Walen erwaart.

Gréisser nei Projeten oder souguer eng Neiausrüchtung vun der Politik fënnt een doranner op jidde Fall

net. Dee ganzen Exercice am Kader vum europäesche Semester huet jo eppes immens Bürokratesch u sech. An doduerjer, dass mer elo och nach dee sougenannte „Plan national de relance et de résilience“ doranner vuhuelen, de Socle social an och nach d'OD-Den, mécht dat Ganz net besser. Et ass e bëssen esou, wéi wann een e Froebou muss ausfüllen, mat deem een eigentlech näischt ufänke kann. Déi eenzel Mesurë ginn oft widderholl, gedréit, verréckelt, opgeblosen, bis dass se zum Schluss an all Case stinn.

Fir just ee Beispill ze ginn: D'Regierung muss da Stellung huelen zu hirer Politik par rapport zu de Sans-abriens. An do steet an eisem PNR dran, op der Sait 77 (veuillez lire: op der Sait 50), Zitat: „Le Luxembourg prendra toutes les initiatives nécessaires ayant pour objectif de contribuer à l'éradication du phénomène du sans-abrisme tel que retenu par le Socle européen des droits sociaux“, fir da just duerno feststellen, dass déi meeschte Leit, déi op der Strooss sinn, zu Lëtzebuerg net statistesch erfaasst ginn an dass een déi Leit dowéinst fir d'éischt emol misst reegelméisseg zielen, sou wéi wann een dat Phenomeen elo eréischt géif entdecken. Vun neien Initiativen awer steet och näischt dran.

Et wär elo net immens sënnavoll, wann ech elo op déi eenzel Punkten am PNR am Detail géif agoen. Et si jo alles Saachen, déi mer scho säit Jore kennen. A mir haten oft schonn d'Geleëenheet, se ze kommentéieren. Deelweis stinn och Saachen dran, déi mer scho säit sechs oder siwe Joer kennen an déi och schonn esou al sinn.

Ganz allgemeng ass et eng Politik, déi zentral ausgeriicht ass op d'Kompetitivitéit vun den Entrepreneuren an op eng Erhéijung vun der Produktivitéit iwwert de Wee vun der Digitalisatioun. Mir stellen dann och en net Schlagwuert fest, an zwar „durabilité compétitive“, e Wuert, dat ech virduen nach net esou héieren hunn. Do ginn u sech kontradiktoresch Notioune matenee verbonnen, déi eigentlech guer net matenee ze verbanne sinn. Et kann ee wuel a Fro stellen, ob déi ganz Ausrichtung op Kompetitivitéit nohalteg ass.

Et kann een als Beispill déi steierlech Kompetitivitéit ginn, mee och déi sozial Kompetitivitéit, déi zu Dumping féiert. Dat ass alles, mee net nohalteg, wann ee weess, dass Nohaltegkeet dräi Voleten huet, an zwar Ëmwelt, Wirtschaft a Soziales, dat wësst Der allequerten. Kooperatioun wär do eigentlech méi nohalteg.

Dat zu dësem neie Schlagwuert „durabilité compétitive“.

„Digitalisatioun“ ass dann dat magescht Wuert an dësem Dokument. Et gëtt een d'Gefill net lass beim Liese vun den Dokumenter, dass d'Rettung duerch d'Digitalisatioun wäert kommen. Ech nennen och hei en neit Schlagwuert: „transition verte, numérique et inclusive“. Nees eemol bliwen ech stoen a soe mer: Dat ass e Fourre-tout. Do ass einfach alles zesummegehait ginn, wat eigentlech näischt matenee ze dinn huet a wat och wierklech kontradiktoresch ass. Et gëtt verbonnen, wat net ze verbannen ass.

Ech erënneren un der Ombudsfra, der Madamm Monti, hire Constat am Rapport 2020, dass d'Digitalisatioun zu méi Ausgrenzung an Ongläichheete féiert, also net inklusiv ass, oder d'Inklusivitéit férdert.

Och dat Schlagwuert an déi Ausrichtung sinn also eng Kontradiktion u sech. Dat weist eis, dass dës Regierung net kapabel ass, e wierkleche Paradigme-wissel anzuschloen, mee versicht, sech hir politesch Ausrichtung schéinzerieden.

A parallell dozou ginn nach eng elitär Subsidepolitik fir d'Ëmwelt an eng Almosepolitik fir déi sozial schwach Schichte bedriwwen. Awer och nëmmen

dann, wann et der Kompetitivitéit vun der Wirtschaft net schuet. Dat ass d'Quintessenz vun dëser Regierung, sou wéi se an dësem Dokument beschriwwen gëtt a sou wéi d'Mënschen an dësem Land se och erliewen.

Här President, dat neit Element, dat awer opdaucht an dësen Dokumenter, virun allem am Stabilitéitsprogramm, dat ass dee faméisen Tripartite-Accord. Och dorop ass jo schonn agaange ginn haut, an do muss ech – an Dir wäert mer et verzeien – awer elo mol stoe bleiwen an eng Kéier drop agoen.

Deen Accord kascht de Staat laut den Zuele vun der Regierung am Ganze 752 Milliounen Euro. Dat ass ongeféier 1 % vum PIB. Dee gréisste Posten dobäi ass de Crédit d'impôt énergie mat 440 Milliounen Euro. Deen Numm suggeréiert, dass de Crédit d'impôt do wier, fir de Leit ze hëllefen, déi klammend Energiepräisser ze kompenséieren. Dat ass jo en intelligente Marketingtrick, mee a Wierklechkeet geet et just drëms, ze verhënnere, dass déi intern Consummatioun trotz Indexmanipulatioun abrécht.

D'Kompensatioun fir d'Inflatioun soll laut dem Lëtzebuergeschen Indexmodell awer vum Patronat bezuelt ginn. Et war – elo emol graff gesot – un hinnen, déi 440 Milliounen un d'Leit ausbezuelen. Mee well d'Patronat mat der Indexmanipuléierung déi Käschen nogooss krut a fir dat d'Bevëlkerung net Stuerme leeft, spréngt elo de Staat an an iwwerhëlt dës Käsche fir si. Dat heescht an eiser Liesaart – ech mengen, jiddweree vun eis huet hei e politesch Brëll un – näischt anescht, wéi dass déi 440 Milliounen, déi do budgetiséiert sinn, net de Leit zeguttkommen, mee dem Patronat.

Deen zweetgréisste Posten si mat 225 Milliounen Euro déi Direkthëllefen un d'Betriben. Déi kommen natierlech och dem Patronat zegutt, an emol net onbedéngt deene klengen Handwerksbetriben, déi tatsächlech Problemer hunn an tatsächlech eng Hëllef brauchen. Nee, déi Hëllefen adresséiere sech ganz vill un déi grouss Entrepreneuren, zum Beispill un déi, déi Emissiounszertifikater brauchen an déi dës Emissiounszertifikater elo grousszügig vum Staat subventionéiert kréien.

Iwwregens komme jo och nach 500 Milliounen u Staatsgarantien derbäi, déi ech awer elo emol wëll ewechloossen, well déi Sue jo a priori net ausbezuelt solle ginn.

Den nächste Posten am Tripartite-Accord ass dann den ekologeschen gesi scho bal kriminellen Tankrabatt vu 7,5 Cent. Dee kënnt natierlech net nëmmen de privaten Autofuerer zegutt, mee zumindest zur Hallschent och dem Patronat. Iwwregens net just de Lëtzebuergeschen Entrepreneuren, mee zu engem groussen Deel och den auslänneschen Betriben iwwert déi Camionen, déi all Dag hei zu Lëtzebuerg tanken.

An dann duerno kommen eréischt déi Posten, déi sech méi oder manner un d'Privatstéit richten: d'Loyerssubventioun mat 5 Milliounen, d'Aidë fir d'Studenten an d'REVIS-Bezéier mat 10 respektiv 4,5 Milliounen an d'Adaptatioun vun der PRIME-House-Subventioun mat 2 Milliounen.

No eiser Rechnung ginn deemno, vun deene 750 Milliounen Depensen, der 700 un d'Patronat a 50 un d'Privatstéit, bezuelt aus engem Staatsbudget, deen zu 273 Milliounen vun de private Menagé finanzéiert gëtt (veuillez lire: vun deem bis zu 273 Milliounen vun de private Menagé finanzéiert ginn). An där Hisiicht ass et an eisen Aen tatsächlech e Solidaritéitspak, well sech hei déi schaffend a retraitéiert Leit solidaresch mam Patronat weisen.

Et ass eng riseg Investitioun vum Staat an d'Kompetitivitéit vun der Wirtschaft. Eng Zort Flucht no vir, fir aus de Krisen erauszekommen, déi a Wierklechkeet awer éischter eng Flucht no hannen ass.

No deenen Aidë fir d'Entreprisë während der Covidpandemie, déi zemools am Ufank ganz zolidd waren, kritt d'Patronat also och nach bei der Energiekris massiv gehollef. Oder anescht gesot: Wann d'Konjunktur brummt, kann d'Patronat Profitteer a seng Täschen stiechen, a wann d'Konjunktur un d'Schleidere geréit a seng Profitteer ofhuelen, da spréngt d'Allgemengheet mat Subventiounen an. Esou gesäit déi Lëtzebuergesch an och déi europäesch Politik aus.

Ech notzen dann och dës Geleëenheet, fir de Leit dobaussen un d'Häerz ze leeën, den 1. Mee mat op d'Strooss ze goen, fir hir Onzefriddenheet mat där Politik zum Ausdrock ze bréngen.

*(Brouhaha)*

Här President, wéi ech am Ufank gesot hunn, fënnt ee keng gréisser ...

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

... nei Projeten a scho guer keng nei Ausrichtung vun der Politik an dësen Dokumenter.

*(Brouhaha)*

Dobäi wier genau dat batter néideg, well sech jo bei de Biergerinnen a Bierger ëmmer méi d'Gewëssheet astellt, dass mer esou net kënne virufueren.

Bei déi Krisen, déi mer souwiesou schonn haten, nämlech d'Logementskris, d'Klimakris, d'Biodiversitéitskris, d'Sozialkris, krute mer an de leschten zwee Joer dann och nach eng Pandemie derbäi an eng geopolitesch Kris uewendrop. Déi dominéierend neoliberal Politik hei am Land an och am Rescht vun Europa gesäit all dës Krisen awer just als eng Zort ...

*(Brouhaha)*

... natierlech Phenomeen, als eppes, dat aus heiterem Himmel gefall kënnt an dat een net kann änneren. Dat gouf och gëschter erëm am Exposé vun der Finanzministesch daitlech.

Dobäi sinn all dës Krise just Ausdrock, an eiser Liesaart nach eng Kéier, vun deem kapitalisteschen Wirtschaftssystem, an deem mer liewen. An déi Krise kënne mer net mat deene selwechte Rezepten ugoen an déi kënne och net mat deene selwechte Rezepten geléist ginn, déi se geschafft hunn. Dobäi ass dës Situatioun vu Polykrisen, wéi een et am Dokument liest ...

*(Brouhaha)*

... a wéi am Dokument gesot gëtt, net eng exogeen, also net vu baussen, mee zum groussen Deel eeben hausgemaach.

D'Covidpandemie, an dat ass och haut scho gesot ginn an dat ass och méttlerweil gewosst, huet hiren Ursprung beim Raubbau vum Mënsch un der Natur. Ass dat net eng direkt Konsequenz vun der kapitalistescher Ausbeutung vun der Natur?

Datt de Krich an der Ukrain esou e wirtschaftlechen Impakt huet, ass virun allem eng Konsequenz vun eiser Ofhängegkeet vu fossilen Energiequellen. Säit méi wéi 40 Joer awer wësse mer, dass mer ewech mussen komme vum Pétrol. Firwat stécht d'Energietransitioun dann nach ëmmer an de Kannerschong? Mir fäerten haut eng Ennerbriechung vun de Liwwerkette wéinst de Confinementen a China. Ma firwat hale mer dann un enger Wirtschaftsuerdnung fest, an där mer all Produit dräimol ronderëm d'Welt mussen transportéieren, éier e beim Consommateur ukënnt?

Dat neit Zauberwuert, och hei an dësen Dokumenter, ass elo d'Resilienz. Ech zitieren: „Reconstruire une économie apte à relever les défis d'un monde post-Covid-19.“ Dat steet an eisem Plan de relance et de résilience. Oder: „Poser les jalons permettant d'établir



un environnement socio-économique résilient, tout en réussissant les transitions verte et numérique.”

„Resilienz awer och am Santéssystem“, gëtt och ëmmer erëm gesot. Spéitstens säit der Covidpandemie wësse mer, dass déi batter néideg ass. An och dat gesi mer. An och do gesi mer awer net vill dovunner an den Dokumenter, wa mer déi liesen. Et geet dovun wuel rieds, vun der Resilienz am Santéssystem, mee mir liese wéineg Ambitiounen a wéineg Mëttelen, déi mer eis ginn, fir dësem Zil gerecht ze ginn.

An d'selwecht geet et engem, wann een duerch d'Dokumenter liest op der Sich no méi Resilienz, wat de Logement, wat d'Logementskris ugeet. Och do fënnt een net vill.

Alles, also ganz vill dovunner, ass vill Rhetorik. Nëmme Rhetorik! Well dohannert verstoppt sech déi selwecht Politik aus dem 20. Joerhonnert, déi eis iwwerhaapt an dës Krise bruecht huet.

Wat changéiert ass? De Wording, d'Nimm, d'Slogane, wéi ech virdru scho mat de Schlagwierder „durabilité compétitive“ an „transition verte, numérique et inclusive“ gewisen hunn. D'Politik awer bleift zum groussen Deel déi selwecht, nämlech d'Primat vun ekonomeschen, makroekonomeschen Iwwerleeunge wäit iwwer alle sozialen an ekologesche Consideratiounen. Profitmaximisierung op Käschte vu Mënsch a Natur zugonschte vun enger Minoritéit, déi sech an hirem obszöne Räichtum zur Schau stellt, och wann dat hei net esou geduecht ass.

Fir d'Krise blechen awer mussen ëmmer déi selwecht: Nämlech déi kleng schaffend an och retraitéierte Leit. Sou wéi beim Tripartite-Accord, bei deem d'Leit elo iwwert de Staatsbudget mussen dem Patronat seng Profitter bezuelen.

Wa mer wierklech wëlle méi eng resilient Gesellschaft hunn, eng Gesellschaft, déi net méi vun enger Kris an déi nächst gedriwwen gëtt, da mussen mer eise Produktions- a Konsum-Modell iwwerdenken an d'Primat vum PIB brieche. An ech mengen och, dat ass Iech allegueren net ganz nei.

Mir mussen eis Dependence vun der Finanzplatz och ofbauen, eis Dependence vun den Energie- a Rostoffimporter ofbauen. Mir mussen eng reell Ëmverdeelungspolitik bedreiwen, d'Rechter vun de Mënschen ausbauen, zum Beispill d'Recht op en dezent Wunnen, dat mir jo och an eiser alternativer Verfassung proposéieren.

D'Demokratie muss duerch d'Matbestëmmung vun eiser gesamter Bevëlkerung gestärkt ginn. A mir musse och eng wierklech Friddens- an Ofrüstungspolitik bedreiwen, amplaz eis ëmmer méi an eng Oprüstungs- a Krichslogik eranzesteigern.

Krise bidden also ëmmer Chancen. Et ass un eis, se ze notzen. Dovunner bleiwe mir iwwerzeegt.

Merci fir d'Nolauschten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Mammad Oberweis. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'lescht Joer hat de viiregte Finanzminister op dëser Plaz gesot, et géif ee schonn d'Liicht um Enn vum Tunnel gesinn, a mir hunn e bëssen de Geck gemaach: Et wäert jo hoffentlech net eng Lokomotiv sinn, déi eis entgéintkënn.

Heiansdo kënn d'Realitéit der Komödie dach awer ganz no! Well säin Optimismus konnt sech net duerchsetzen – leider, muss ee soen!

Dat gesäit dann och déi nei Finanzministesch esou. Well Europa rutscht momentan vun enger Kris an déi nächst. D'wirtschaftlech Situatioun ass am Moment schwiereg anzuschätzen. A wéi d'Ministere gëschter soten: Et ka kee wierklech ofschätzen, wéini a wéi dës Krich wäert op en Enn goen a wat d'Konsequenzen dovunner sinn.

Ech wëll awer op dëser Plaz och soen, dass et falsch wier, einfach nëmmen a Pessimismus ze verfallen. Europa kënn aus dësen Krisen eraus. Mir wäerten dat packen, sou wéi mer och aner Krisen an der Vergaangenheet gepackt hunn.

Well och wann d'Situatioun um europäesche Kontinent weinst dem Krich an der Ukrain aktuell instabil ass, esou gleewe mir Piraten drun, dass mer mat vill Wëllen an Aarbecht eis Wirtschaft transforméiere kënnen. An dofir wäert et primordial sinn, dass mer elo séier a konsequent den Ëmstieg an erneierbar Energien ëmsetzen, d'Croissance vu fossilen Energien decoupléieren an eis esou vun internationale Fluktuationen a Marchés-abréch schützen. Nëmme esou kënnen mir als Europa onofhängeg gi vun Diktaturen, déi eis mat bëllege fossilen Energien u sech bannen a weider wëlle lackelen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, vläicht eng kleng Remark nach am Viraus: Ech fannen, et sollt een d'Zuele vun 2020 – ëmmerhin engem Pandemiejoer – net pauschal mat deene vun 2019 an 2021 vergläichen! Mir haten dräi Méint Lockdown. An e Verglach ass dofir schwéier, voire onméiglech ze zeien.

Wann een d'Zuelen tëscht dem Budget oder der Croissance planifié mat deene reellen Zuele vergläicht, esou gesäit een dach gewaltig Differenzen. Déi aktuell wirtschaftlech Lag ass ze komplex, fir se mat der gewinnter Präzisioun ze modelliséieren. A grad dofir warne mer och virun ze vill Pessimismus géintwuer der Zukunft. Onsécherheet an Imprevisibilitéit kënnen och ganz schnell erëm ëmschloen an eppes Positives.

Kloer sinn d'Leit, genausou wéi d'Betriben, aktuell virsiichteg, méi virsiichteg wéi soss. Mee positiv Iwwerraschungen um Weltmarkt kéinten och ganz schnell erëm fir besser Pronosticke suergen.

Grad an dësen Momenter ass eng keynesianesch ... „keynesianesch“, dat ass e Wuert, dat, mengen ech, op Lëtzebuergesch einfach net ze iwwersetzen ass, mee den Här Keynes wär, mengen ech, ganz iwwerrascht doriwwer, dass säin Numm esou oft an eise Mond geholl gëtt. Mee en huet Recht: Et ass seng Politik, déi sech am Moment duerchsetze muss, eng Politik, an där de Staat sech als Garant asetzt. Dat ass wichteg. Eng Politik, an där mer als Staat Acteur sinn an net nëmme Spectateur. Well d'Perspektive fir Lëtzebuerg sinn an deem Hibleck alles anescht wéi schlecht, trotz oder grad weinst eiser internationaler Ouverture.

Dat weist jo och eise PIB, deen d'Finanzministesch op 90 Milliarde chiffréiert. A mat engem Staatsbudget vun 20 Milliarde fir ronn 650.000 Awunner hu mer eng gewësse Marge de manœuvre, fir d'Lag zu eise Gonschten ze verwandelen.

Mir Piraten haten d'lescht Joer op dëser Plaz gesot, dass mer d'Iddien am PNR am Grondsatz gutt géife fannen. Leider kënnen mer dat dëst Joer dann net méi esou soen, well et dëst Joer keng weider Iddien ze bewäerte gëtt. An deene virgeluechten 200 Säite sti kaum bis guer keng nei Projekte par rapport zu de Virjoren. Verschidde Punkten an dësem PNR datéieren op 2017 an domadder net emol op dës Legislaturperiode.

Dat hei ass an eisen Aen, esou wéi de Wirtschaftsminister dat och gesot huet, kee Plan de réforme, mee éischter e Résumé de travail vun den Aarbechte vun den eenzele Ministeren. Et gesäit also ganz kloer esou

aus, wéi wann d'Regierung elo just nach géif hir Projekte färdig maachen a sech net d'Méi gemaach hätt, fir nei Projekten op de Wee ze bréngen, nei Weichen ze stellen a Visiounen fir d'Zukunft ze weisen.

Wann een d'Plang fir d'Investissementer bis 2025 kuckt, da géif een och net mengen, dass mer an enger Klima- oder Logementskris sinn. Esou soll de Budget fir öffentliche Investitiounen bei der Ëmwelt ab 2025 ëm 50 Millioune falen. Dat selwecht mam Budget fir de Logement, wou mer 2025 par rapport zu 2024 30 Millioune aspueren. Entweder huet dës Regierung keng Loscht, sech méi mat der Zukunft ze befaassen, oder se mengt wierklech, d'Klima- a Logementskris wären 2025 eriwuer.

Ech hu virdru gesot, mir sollten net a Pessimismus verfallen, mee mir sollten awer och net d'Welt mat engem rosaroude Brëll kucken an der Meenung sinn, dass 2025 souwuel d'Klima- wéi och d'Logementskris eriwuer sinn. Ech mengen, dat wär naiv.

Ech weess och net, firwat déi Zuele méi niddreg sinn. Mee ech weess awer, dass mer och an deene kommende 5 bis 15 Joer warscheinlech méi Sue brauchen, fir dës Krisen ze bewältegen, an net manner.

D'EU-Kommissioun huet schonn 2019 virausgesot, dass Lëtzebuerg seng Ëmweltziler net wäert anhalen. Loftverschmutzung, ze vill Verkéier, Besteuerung vum Bensinn an ze héich Präisser am Logement goufe schonn deemools als déi gréisste Problemer fir Lëtzebuerg identifizéiert. Eleng beim Theema Klimawandel muss eise Staat nach ganz Schëppen – nee, ganz Schubbkaren – bäileen. Just als Beispill: Mat 11,7 % erneierbaren Energien an eise Energieverbrauch pro Haushalt leie mer méi schlecht wéi d'EU-Moyenne.

Mir hunn eist Zil fir 2020, wat d'Elektrobornen ugeet, net erreecht. Mir sinn net emol an d'Géigend komm. D'Hausnummer ass eng ganz aner. Ech mengen, mir sinn an enger anerer Postleitzuel gelant. De Moment si just 4 % – 4 %, léif Kolleeginnen a Kolleegen – vun allen öffentlichen Diecher mat Solarpanelen ekipéiert. Ass dat déi Resilienz, déi Transformatioun, déi mer sichen?

Mir hu rezent eng Kéier en Debat hei gehat iwwer Rifkin an iwwert d'industriell Revolutioun, mat der Iwwerleeung, mir misste méi wäit denken, mir missten zu de Prosumer ginn, zu deene Consommateuren, déi och nach iergendwou selwer eppes produzéieren. Ma de Staat ass dat definitiv nach net, well mat 4 % steet e wierklech net gutt do. Mir hunn dat scho gesot a mir wäerten och de Mëtten, wa mer nach eng Kéier iwwert déi 7,5 Cent schwätzen, dorobber zrëckkommen.

Duerch den Handwierkermangel mussen dann och d'Privatleit méintelaang waarden, wa se dann eng Anlag wëllen, wa se sech leeschte kënnen, wa se iwwerhaapt emol Proprietär sinn. Da mussen se nach waarden, well mer net genuch qualifizéiert Personal zu Lëtzebuerg hunn.

Wann de Staat also wierklech och elo nach wéilt bis 2025 säi Retard a puncto Solaranlagen ophuelen – ech erënneren drun: De Staat plangt an der Moyenne pro Joer dräi Megawatt nei Installatiounen, dat si 7.500 m<sup>2</sup> Solaranlagen d'Joer, déi e wëllt bäibauen –, da brauch en Handwerker, déi dat maachen. A wann net nei Handwerker iergendwou bäikommen, da wäert dat dozou féieren, dass d'Privathaushalter nach méi laang wäerte misse waarden, fir sech kënnen eng Anlag op den Daach ze stellen, sous condition, dass se iwwerhaapt Proprietär sinn. Well dass dat bei de Residenzen net esou wierklech klappt, dass hu mer gëschter thematiséiert.

Dat wäerte mer déi nächst Wochen a Méint ëmmer erëm gesinn. Mir brauchen also hei e Bewosstsinn,

datt de Fachkräftemangel direkt op eis Energie- a Klimaziler aschleift.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, vu datt an dësem PNR jo wéineg nei Informatiounen drastinn, wëll ech dann elo op e puer Punkten agoen, déi zwar scho gewosst sinn, mee déi mer trotzdeem begrëssen.

Mir begrëssen, datt ronn 230 Milliounen an de Volet Digitalisatioun gestach ginn, wou Lëtzebuerg zwar schonn eng Rei flott Projeten huet, mee wou et awer nach vill Sputt no uewe gëtt. Mir hate gëschter hei op dëser Plaz iwwert d'Museksschoule geschwat an iwwert déi Dausenden Zeilen an Excelstabloen. An ech mengen, do ass et einfach wichteg, datt esou Projekte kloer digitaliséiert ginn an net um Excelsniveau hänke bleiwen.

E weidert Beispill ass de Projet „Digital Skills“, deen d'lescht Joer am Kader vu genau dësem Debat hei presentéiert gouf. Hei kruten 30.000 Leit am Chômage partiel eng Formation de base fir digital Kompetenzen offréiert. Elo hat ee geduecht, dovun hätte vill Leit kënne profitéieren, ma et war anescht: Keng 2 % vun de Leit hunn dës Offer ugeholl. D'Regierung hat vu 50 % geschwat. Do war net emol méi d'Postleitzuel déi falsch, do ware mer schonn an engem anere Land ukomm.

Firwat kaum ee vun dëser Offer profitéiert huet, war vun Ufank u kloer – ech sot et schonns d'lescht Joer hei op der Tribün –: Entweder sollten dës Course fir komplett Neiasteiger sinn oder fir Leit, déi schonn eppes vu Computeren a Videokonferenzen verstinn, mee béides gläichzäiteg geet net. Dëse Projet war also e klaren Echec. Do kann een esou vill Lëppestëft op d'Schwäim molen, wéi ee wëllt, et gëtt doduerjer net méi schéin. En Echec, dee jiddereen, deen et wollt gesinn, vu Wäitem komme gesinn huet. En Echec, deen een nëmme ka bedauern, well hei eng Chance verpasst gouf, fir deene Leit, déi wierklech nach Hëllef brauchen, wat d'digital Kompetenzen ugeet, weiderzuhëllefen.

Här President, wann ech meng Rieden aus deene leschte Joren iwwerliesen, esou fällt mer dach op, datt d'Problemer vun eiser Wirtschaft Joer fir Joer déi selwecht sinn: d'Fiabilitéit vun eise Pensionssystem, de Fachkräftemangel wéinst feelende Kompetenzvermittlung an d'Wunnungskris. Och dat, datt d'Verschëldung vun de Menagen eropgeet, well d'Wunnungspräisser ze deier sinn, ass keng Neiegkeet. Schon 2019 louch d'Verschuldung op Rekordniveau. Huet sech dorunner eppes geännert? Nee.

Och dës Joer gëtt am PNR erëm vum Projet „Nei-Schmelz“, „Wunne mat der Woolz“ an „Elmen“ geschwat. Ech weess net, wéi oft dës Regierung nach wëll op längst beschlossene Projeten zrëckkommen, einfach fir kënnen ze soen, datt se a puncto Logement eppes gemaach huet. D'Schafe vu méi abordablem Wunraum ass en Deel vum éischte Piliere vum PNR. Mee an der Realitéit gesäit ee beim Logement net wierklech, wou et soll higoe mat dëser Regierung.

Virun engem hallwe Joer huet de Premier ugekënnegt, datt eng Spekulations- an eng Grondsteuer soll kommen. Mir Piraten hu scho viru sechs Méint eis éischt Proposen eraginn a waarden zanter véier Méint op en Avis vum Staatsrot, wéi bei ville Gesetzesproposen vun der Opposition. Währendem huet d'Regierung awer am Wunningsbau absolutt keen neie Projet opzewiesen. Näischt, wat och nëmme usazweis en Impakt op de Wunnungsmarché hätt. Am Contraire: All Mount gëtt den Dram vum Eegenheim méi deier, réckelt méi wäit an d'Distanz, an dat op d'Käschte vu ville Mënschen hei am Land, déi keng Bauterraine besëtzen a kleng bis mëttel Revenuen hunn.

Ëmmer méi Leit liewen hei am Land an Aarmut. D'Ministesch huet vun 119.000 Mënsche geschwat, déi

dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn. 119.000 Mënschen! Dorunner ass zum groussen Deel de Logement schold. An an eisen Aen ass de beschte Wee, fir den Aarmutsrisiko ze reduzéieren, deen, datt de Staat weider baut. Mir brauche Wunnengen, déi och fir deelweis ënner 10 Euro de Meterkaree kënnen ugebuede ginn. An dat klappt nun emol nëmme, wann de Staat Proprietär vun dëse Wunnengen ass oder d'Wunnengen esou subventionéiert, datt en d'Kontroll drifft huet.

Eng Wunneng ass ee vun den éischte Pilieren, fir d'Altersaarmut ze bekämpfen. Wien eng Wunneng huet, sous condition, datt se ofbezuelt ass, sëtzt op engem Kapital, dat e fir spéider ka benotzen. E sëtzt op enger Spuerbéchs aus Steen, well e kee Loyer méi bezuele muss – wa se dann awer ofbezuelt ass! Well wa se dat net ass an et elo an abseebare Zäit zu enger Zënshausse kënnt, da wäerte mer nach eng Kéier en dramateschen Impakt op d'Kafkraaft vun de Menagen hunn, déi kaf hunn an dat iwwer e Prêt finanzéiert hunn. An och do musse mer eis iwwerleeën, wéi mer an Zukunft domadder ëmginn, wéi mer Präten, an net nëmme Loyerer, am Kafkraaftcalcul berücksichtigen.

Eis Prioritéit muss an deenen nächste Joren de Wunningsbau sinn. Et dierf net sinn, datt de Staat all Joer nei Ausgaberekorder brécht a gläichzäiteg all Joer de Wunnungsmarché nei Präisrekorder brécht. Et geet elo definitiv duer!

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e Plang fir d'Zukunft ass dës PNR net. Et handelt sech ëm eng Zesummeffaassung, e Resümee vun ofgeschlossenen an ugefaangene Projeten. Lëtzebuerg bräicht awer méi. Europa brauch méi. Et dierf net just nach „weider esou“ heesche bis d'Walen. Mir brauche weiderhin ambitiéis an zäitno Léisunge fir d'Klimakris, d'Logementskris, d'Präisdeierecht, d'Sécherheet an Europa an och eise Pensionssystem. Lëtzebuerg dierf de Wandel net verpenne!

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Clement. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**M. Laurent Mosar (CSV) |** Här President, Madamm an Här Minister, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, nodeem mäi Kofraktiounschef Gilles Roth de Moie schonn eng exzellent Interventioun gemaach huet iwwert d'Finanzsituatioun vun dësem Land, wäert ech mech dann elo an deenen nächste Minutten e bësse méi mat der Wirtschaftssituatioun vun eise Land beschäftegen.

An ech wëll dann domadder ufänken, andeem ech awer och aus menger Perspektiv nach eng Kéier ganz kuerz déi international Situatioun beschreiwen. Dat ass wuel och de Moie scho vun enger Rei vun anere Riedner gemaach ginn. Ech mengen, datt et awer net onwichtig ass, och do nach eng Kéier drop anzegoen.

Ech mengen, datt et ganz kloer ass, datt mir am Moment hei confrontéiert si mat enger Superpositioun vun enger ganzer Rei vu Krisen: Mir hunn natierlech fir d'éischt nach ëmmer d'Pandemie, mir hunn dann de Krich an der Ukrain, mir hunn – an ech kommen herno nach eng Kéier ganz kuerz do drop zrëck – d'Situatioun a China mat de Liwwerproblemer a schlussendlech, superposéiert iwwert dat Ganz, hu mer natierlech och nach ëmmer eng Klimakris.

All dës Krisen féieren derzou, datt mer virun allem elo mol mat enger Energiekris confrontéiert sinn, déi och derzou féiert, datt et zu enger grousser Präisaugmentatioun vun den Energieën komm ass, déi dann erëm op där anerer Säit zu enger Inflatioun féiert, eng Inflatioun, mat där mir jo och hei an eise Land elo scho confrontéiert sinn.

Wat awer derbäi kënnt – an dat ass am Moment nach éischter e Risiko, mee dee Risiko wäert sech sécherlech an den nächste Wochen a Méint leider Gottes erfëllen, – dat ass, datt mer eis och mussen op eng Rezessioun virbereeden. An do si jo da ganz vill Ekonomisten, déi dat gelungent Wuert, muss ech soen, an de Mond huele vu „Stagflatioun“, wat a sech eng Rezessioun plus eng Inflatioun ass. An dat ass eigentlech déi schëllemste Perspektiv, déi kann do op eis zoukommen.

Ech wëll awer direkt soen, datt déi Kris vun deenen, déi ech elo opgezielt hunn, déi mir am meeschte Suerge mécht – niewent der Klimakris natierlech –, déi ass vun dem Approvisionnement vu Produiten aus China. Ech mengen, d'ganz Welt, Europa an och mir hänke fundamental vu Liwwerungen aus China of. A wann dat elo esou virugeet – am Moment ass quasiment Shanghai zou, Beijing soll zougoen –, wann dat alles geschitt, riskéiert dat wierklech, Konsequenzen ze hunn, déi weesentlech méi schëllem wäerte si fir d'Weltwirtschaft, fir d'europäesch Wirtschaft an och fir eis, well einfach d'Dependancé vill méi grouss sinn. Nëmme fir Iech ze soen: Russland, wa mer dat am Vergläich kucken, stellt 2 % vum Welthandel duer, wat eigentlech quasiment insignifiant ass. Et kënnt derbäi, datt Russland op de Kapitalmäert eigentlech guer keng Roll spillt. Dat ass awer bei China fundamental anescht. Dat heescht, dat riskéiert, eis richteg wéi ze dinn, an ech muss Iech wierklech soen, datt dat fir mech, niewent der Klimakris natierlech an deenen anere Krisen, déi soll een hei net ënnerschtzen, mee reng vum wirtschaftleche Standpunkt dat ass, wat engem wierklech muss am meeschten Angscht maachen.

Wann ech dann awer vu Krise schwätzen ... an ech hunn och elo gesot, wat do déi ganz grouss Gefore sinn, an ech wëll och nach op eng weider do insistéieren, vun där manner vläicht geschwat gëtt, déi awer net onwichtig ass: Mir musse wëssen, datt mir a Richtung vun enger Deglobalisatioun ginn. An de leschte Joerzénge hate mer ëmmer dat Zauberwuert „Globalisatioun“, déi ganz Welt ass ee grouse Maart. Abee, ech mengen, datt, wéi gesot, eng vun de Konsequenzen vun dëser Kris wäert eng Deglobalisatioun sinn. Dat heescht, mir kommen erëm ewech aus där grousser Welt a mir gi warscheinlech an erëm méi eng kleng Welt.

A wann ech da soen: D'Kris huet natierlech eng ganz Rei vu Geforen, mee Krisen kënnen awer och eng ganz Rei vu Chancén mat sech bréngen, erlaabt mer do just, dräi awer vläicht méi positiv Punkten och aus där internationaler Kris do ervirzesträichen. Dat eent ass, datt ech wierklech mengen, datt Europa erëm vill méi no zesummegeréckelt ass an deene leschte Wochen a Méint.

An dat muss een eigentlech als Europäer – an d'CSV ass säit éiweg eng ganz proeuropäesch Partei – freeën, datt mer erëm vill méi no beienene komm sinn. An ech muss Iech soen, ech hunn duerfir och mat grousser Freed déi Walresultater vum leschte Sonndeg zur Kenntnis geholl, ganz besonnesch och a Slowenien. Et ass vill manner vu Slowenien geschwat ginn. Do ass e Populist, deen ass do ewechgekiergt ginn, wann een dat esou ka soen. An och d'Madamm Le Pen mat hiren Alliiéierten huet et net fäerdegbruecht, a Frankräich déi Walen ze gewannen. An ech mengen, datt dat och e bësse mat Europa finalement ze dinn huet. An dat ass eigentlech eppes, wat een och emol soll ervirzesträichen a begrëssen.

Ech gesinn awer nach zwou aner grouss Chancen. Déi eng ass – an dat ass elo schonn e puermol ugeschwat ginn – datt déi Kris eis vläicht derzou féiert, eng acceleréiert ekologesch Transitioun ze maachen an haaptsächlech och aus där Energieofhängegkeet, déi mer haaptsächlech par rapport zu Russland hunn,



erauszekommen. An ech fannen, dat ass eigentlech och e positive Punkt.

An dann deen drëtten, ech hunn et virdru gesot: Mir ginn a Richtung vun enger Deglobalisatioun an ech mengen, d'Resultat dovunner muss eng Regionalisatioun sinn. Dat heescht, mir mussen et eigentlech erëm fäerdegbréngen, an Europa, an de Regiounen déi Produiten ze produzéieren, déi mer alleguerten hei brauchen, déi liewenswichtig sinn.

Soudatt et bei allem Pessimismus, deen ee kann hunn an där Kris, awer eng Rei vun optimistesche Punkte gëtt. An duerfir mengen ech, ass vläicht och net alles esou schwaarz, ewéi mer dat ganz vill vu ville Leit an de leschten Deeg gemoolt kritt hunn.

Wann ech dann awer elo op d'Situatioun vu Lëtzebuerg wëll zrëckkommen, géif ech dann awer och vläicht déi lëtzebuergescher Wirtschaft an hir Evolutioun net nëmmen, awer och um Hannergrond vun deene Krisen do versichen ze beschreiwen an awer och direkt, wéi mir dat als CSV jo ëmmer maachen, eng ganz Rei vu Propositionen op den Dësch ze leeën, fir Iech ze soen, wou mir an der lëtzebuergescher Wirtschaft elo schonn, awer och ganz besonnesch an deenen nächste Méint a Jore mengen, dass d'Prioritéite misste geluecht ginn.

An ech géif da wëllen ufänke mat eiser Finanzplaz, déi nach ëmmer dat allerwichtigst Standbeem vun eiser lëtzebuergescher Wirtschaft ass. An ech wëll och direkt soen: Wann Der d'Zuelen aus dem Budget vun deem Joer kuckt, si mer beim IRC (ndlr: Impôt sur le revenu des collectivités) quasiment op 78 %. Dat heescht, 78 % vun de Steuerrecetten, déi iwwert déi wichtigst Steuer erakommen, kommen aus dem Finanzsektor. An ech soen Iech: Esou héich war déi Ofhängegkeet vum Finanzsektor nach ni! An dat ass net gutt an dat ass net gesond. An do muss mer wierklech dru schaffen, dass mer zu enger richteger Diversifikatioun kommen, an ech wäert och nach herno dorop agoen.

Wann een awer weess, léif Kolleeginnen a Kolleegen, a Madamm Finanzministesch ganz besonnesch, wat déi Finanzplaz fir eng Wichtigkeet fir dëst Land a besonnesch fir d'Recette-budgétaires huet, da muss ee sech wierklech Gedanken maachen, wéi et do virueet.

Mir hunn eis alleguerten op d'Schëllere geklappt, dass mer et eigentlech sou gutt duerch déi Pandemie gepackt hunn dank eiser resilienter Finanzplaz, mat där mer et eebe fäerdegbruecht hunn, dass Schlëmmst ze evitéieren. Abee, déi Finanzplaz steet vläicht och net méi esou gutt do, wéi dat bis elo nach ëmmer de Fall war. Dobäi wëll ech awer direkt soen: Ech gehéiere wierklech net zu de Schwaarzmoer an ech sinn éischter vu mengem Temperament hir en optimistesche Mënsch – fir déi, déi mech kennen –, duerfir wëll ech hei keng Schwaarzmoerei maachen, mee ech mengen, et muss een awer realistesch sinn, dass déi Finanzplaz betrëfft. An do ass et nun emol esou, dass leider déi golde Jore laanscht sinn an dass mer eis och mussen dru gewinnen, dass mer méi kleng Bréidercher op där Finanzplaz baken, wat awer da riskéiert, eng Rei vun Impakter och op eis budgetär Situatioun ze hunn.

Ech wollt do trotzdem op e puer Punkten agoen. Wéi den Zoufall sou spillt, war gëschter Generalversammlung vun der ABBL. D'Madamm Minister an ech selwer haten och déi grouss Chance, op enger anerer Manifestatioun nach derbäi ze sinn, wou eng Rei interessant Rieden och iwwert d'Zukunft vun der Finanzplaz gehale gi sinn. An do muss een awer trotzdem e puer Constaten maachen an et sinn einfach objektiv Constaten. An ech zitieren hei de President vun der ABBL, dee gesot huet, dass d'Finanzplaz un Attraktivitéit agebeisst huet. Ech stellen einfach elo mol déi Ausso esou dohin.

Wat een dann awer um Terrain constatéiert – an dat ass eigentlech eppes, wat mer Gedanken mécht, an ech

huelen un, dass d'Madamm Finanzminister sech déi selwecht mécht; ech mengen, dass ass eppes, wat mech wierklech e bësse perturbéiert –, dass ass, dass mer am Moment eng Tendenz gesinn op eiser Finanzplaz, dass eng ganz Rei vu Banken, déi am Moment nach als Filial organiséiert sinn, a Succursale reconvertéiert ginn. Ech wëll Iech elo hei kee grouss juristeschen Exposé maachen, wat den Ennerscheid ass zwëschen enger Filial an enger Succursale. Et ass esou, dass eng Filial eng onofhängeg Struktur ass, eng eegestänneg Gesellschaft, während eng Succursale iergendwéi vun enger anerer Struktur, meeschtens dann am Ausland, ofhänkt.

Firwat soen ech dat, firwat ass dat wichtig? Dass ass wichtig an deem Sënn: Wann déi Tendenz virueet, ass et esou, dass duerch déi Reconversion fir d'alleréischte eng ganz Rei vun Aktivitéiten net méi wäerten hei zu Lëtzebuerg vun deene Banke gemaach ginn. Fir d'éischt emol, wat d'Informatik betrëfft, net ze ennerschätzen! Dat wäert och dozou féieren, dass mer vill manner Leit op deene Banke wäerte beschäftegen. Mee virun allem – an dat, mengen ech, muss all d'Finanzpolitiker an deem Haus interesséieren – wäerten doduerch manner Recette-budgétaires generéiert ginn, well natierlech och duerch Restrukturatiounen, duerch de Fait, dass déi Banken natierlech a ville Länner aktiv sinn, do hin an hier gereecht wäerte ginn, wat d'Beneficier ugeet. Ennert dem Stréch wëll ech Iech soen, dass domadder och d'Recette-budgétaires riskéieren erfrozegeen.

Dann – an ech mengen, dass ass einfach generell op dëser Welt –: D'Banke verdéngen net méi déi selwecht Suen. Et war elo ze liesen, dass 20 % vun de Banken, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, scho guer kee Beneficier méi gemaach hunn, well eeben och am Private Banking d'Situatioun net méi déi ass, déi se bis elo nach ëmmer war, an och dat soll eis ze denke ginn.

An da schlussendlech, an dat ass net deen onweesentlechste Punkt, wou ech net midd ginn, dass ëmmer erëm ze soen: Am Moment ginn d'Banke quasiment erdréckt vun enger Regulatiounswell. Gëschter hu mer hei kuerz nëmmen iwwert d'Schwierigkeet geschwat, fir haut iwwerhaupt an deem Land nach e Bankkont kënnen opzemaachen. Ech kéint Iech elo nach ganz vill aner Beispiller nennen. An dat féiert einfach derzou, dass déi Banken, déi mir hei hunn, och zum Deel u Kompetitivitéit par rapport zu Banken am Ausland, an der Europäescher Unioun, awer ganz besonnesch ausserhalb vun der Europäescher Unioun verléieren.

An duerfir kommen ech net derlaanscht ze soen – a mäin exzellente President vun der Finanzkommissioun huet et schonn ervirgestrach –: Mir ginn do confrontéiert mat enger Rei vun europäeschen Direktiven. Ech wëll elo net an den Detail dorop agoen. Do ass notament déi „Unshell companies directive“. Ech soen Iech, léif Kolleeginnen a Kolleegen: Wann déi an där doter Form duerchgeet, gëtt dat eng Katastroph, och fir eis Finanzplaz. Well Dir musst wëssen, d'Finanzplaz, dass sinn net nëmmen Banken an et sinn net nëmmen Fonggen. Do hu mer ganz vill Prestataire-de-services, déi do ronderëm dréien, a mir hunn, well mer oft doriwwer schwätzen a leschter Zäit, den Horesca-Bereich, deen och zu engem net onweesentlechen Deel vun de Bankaktivitéiten an deem Land leeft. Dat heescht, dass dote féiert natierlech alles derzou, dass mer do erëm wäerten Arousse maachen.

Duerfir nach eng Kéier, ech maache wierklech en Appell an ech weess, dass ech do op en oppent Ouer stoussen. Ech wëll, wéi gesot, hei keng Panik maachen, mee trotzdem muss ee wëssen: Mir sinn am Moment an engem kritesche Moment, och vun der Zukunft vun eiser Finanzplaz, ukomm. A mir mussen, Madamm Finanzminister, ganz gutt oppassen, ganz gutt oppassen,

wéi et zu Bréissel an deenen nächste Wochen a Méint virueet. An ech warnen iwwerens och nach eng Kéier: Et geet emol guer net nëmmen hei ëm Lëtzebuerg, et geet ëm d'Zukunft vun der Europäescher Unioun, an ech kommen herno och nach eng Kéier drop zrëck. Wa mir de Leit, déi an Europa, an der Unioun wëllen investéieren, et quasiment onméiglech maachen, an Zukunft e Bankkont opzemaachen, wéi wëlle mer dann nei Aktivitéiten an dës Europäesch Unioun kréien? Wann all Virement – ech hu jo gëschter dat Beispill ginn – hei duerchliicht gëtt, Virementen, wou net emol en Ufank vu Risk vu Blanchiment besteet, wou mer de Banken eng onsënneg Aarbecht octroyéieren, geet dat net gutt aus!

An duerfir soen ech Iech nach eng Kéier alleguerten: Et gëtt wierklech Zäit, dass mer och eng Kéier zu Bréissel d'Handbrems aleen, well soss gi mir déi grouss Verlëierer an der internationaler Bankecommunautéit!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen dann zum aneren Deel vun eiser Wirtschaft, an och do gëtt et munches ze soen. Ech wëll haut elo net, obschonn ech et kéint maachen, eng grouss Ried iwwert d'Diversifikatioun halen. An dach muss ech soen, dass op engem Punkt d'Regierung – an ech schwätzen net nëmmen vun dëser, mee och vun der viregter, wat jo déi selwecht ass – vläicht wierklech versot huet, an dass ass um Niveau vun der Diversification économique.

An ech muss soen, gottseidank ... an ech hu jo de fréiere Wirtschaftsminister net ëmmer mat Händchen ugepaakt an deem Haus. Ech muss em awer eppes héich urrechnen, dass ass, dass en zumindest dee ganze Space-Mining-Bereich do developéiert huet, dee sécherlech zu enger Rei vu schlechte Punkte gefouert huet, an ech brauch déi net hei opzezielen, zumindest ass awer do versicht ginn, en neien Aktivitéitsbereich ze schaffen, deen awer eng Rei vun Aktivitéiten an deem Land generéiert. Ech stellen awer fest, dass ausser deem Space Mining net ganz vill komm ass. Wou ass de Logistiksbereich drun? Dat war emol eng Zäitchen e Bereich, dee sollt gepusht ginn. Ech wëll net op déi onsäglech Diskussiounen iwwer FAGE a Knauf zrëckkommen. Ech stellen awer och fest, dass den Dossier Google säit Méint eigentlech net méi bougiert. An ech stellen einfach eng Kéier déi Fro: Wou wëlle mer higoen? Wat fir eng Zort vu Betriber wëlle mer unzéien?

An da vläicht och ee Wuert zu der Industriepolitik, Här Minister. Alleguerten d'Evaluatiounen, d'Avise soen et: Mir ginn a Richtung vun enger desindustrialiséierter Ekonomie. Dobäi wëll ech net soen, dass mer erëm kënnen an d'70er-Jore zrëckkommen. Mir brauchen awer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an deem Land nach e Minimum un Industrie. An ech géif emol gär wëssen: Wat ass d'Strategie vun dëser Regierung a puncto Industriepolitik?

Ech wëll net op déi ganz Diskussioun LIBERTY Steel agoen. Ech stelle just fest – an dat ass och eng generell Remark –: Mir dierfen och net an eng Well kommen, weeder an Europa nach hei zu Lëtzebuerg, wou kee Stol méi produzéiert gëtt a wou mer de Stol mussen muer a China oder soss enzwoosch an Asie kafen! Dat kann och net am Sënn vun enger gutt funktionéierender europäescher, awer och lëtzebuergescher Wirtschaft sinn.

Léif Kolleegen alleguerten, ech kéint elo nach ganz vill iwwert d'Diversifikationspolitik soen. Ech wëll dat awer net maachen, well mir läit wierklech dat Land an déi Wirtschaft um Häerz. An ech mengen, dass et och kee Sujet ass fir Poleemik oder bëlleeg Oppositionspolitik. An et geet hei wierklech ëm d'Wurscht!

An duerfir wollt ech elo kuerz op fënnf Punkte agoen, déi fir eis och prioritär sinn, wann ee vu Wirtschaftspolitik schwätzt. An deen éischte Punkt, op deen

ech ganz kuerz wëll agoen, well meng Zäit mer et net erlaabt, ze vill laang driwwer ze schwätzen, dat ass dee vun der Transition énergétique. Et ass e weesentleche Punkt, ech brauch net dorop anzegoen. Meng Suerg – an ech mengen, net nëmme meng Suerg, d'Suerg vu ganz ville Leit och an deem Land – ass, datt mer hei de Betriber eng Previsibilitéit ginn, datt mer d'Betriber honnertprozenteg, zweehonnertprozenteg ënnerstëtzen. Ech gesinn – an ech wëll der Regierung dat och gär zougestoen –, datt eng ganz Rei vu Mesurë geholl ginn, déi och gutt sinn. Ech hunn awer nach ëmmer d'Impressioun aus ville Gespréicher, déi ech mat deene Leit féieren, datt se sech awer zum Deel am Stach gelooss fillen. An ech fannen, datt d'Regierung hei wirklech muss honnertprozenteg hannernt de Betriber stoe mat Initiativen, déi se sécherlech hält, mee do kéint een nach vill méi maachen.

Ech wëll och do elo net an den Detail goen, ech hu just trotzdem ee wichtige Punkt, an dee gëtt a villen Avisen, och vun deene concernéierte Chamberen, ëmmer erëm opgeworf: dat ass d'Fiskalpolitik um Niveau vun der Transition énergétique. Do ass nach ganz vill Loft no uewen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, notament wat d'Ofsetzbarkeit vun Depensen betrëfft.

An do géif ech wirklech awer nach eng Kéier den Appell un de Wirtschaftsminister riichten, datt een dat nach eng Kéier genau nokuckt, well do gëtt et zum Beispill all déi Käschen um Niveau vun der Formatioun – Formatioun ass och esou wichtig um Niveau vun enger Transition énergétique –, déi kënnen d'Betriber iwwerhaupt net ofsetzen. Dat ass net normal a wéi gesot, ech wär do frou, wann d'Regierung mindestens eng Schëpp géif bäileeden!

Zweete Punkt: Digitaliséierung. Dir Dammen an Dir Hären, ech weess net, wéi oft et virkënt, dass quasi kee Riedner net eemol hei op der Tribün dat Wuert „Digitaliséierung“ an de Mond hält. An ech mengen, jiddwereen ass jo och mat d'accord, datt mer do musse virukommen. An déi Digitaliséierung ass par ailleurs och e wichtige Punkt vum PNR. An ech wëll hei wirklech net soen, d'Regierung hätt näischt gemaach oder géif näischt maachen, mee wann ech einfach déi brut Zuele kucken – an déi Zuelen hunn ech net erfondt, déi kann een iwwerall noliessen –, muss een dach awer eng Rei objektiv Constate maachen. Ech huelen zum Beispill d'Digitaliséierung an der Fonction publique, e Sujet deen oft abordéiert gëtt: Just 38 % vun de Bierger a vun de Fonctionnaires, déi do schaffen, hunn dee sougenannte VPN-Accès. Ech wëll elo net am Detail drop agoen, aus wat dat besteet. Just een Drëttel vun de lëtzebuergesche Bierger huet e Kont bei guichet.lu. Just een Drëttel vun de Bierger huet esou een Accès.

Ech hu gesinn, eng 100 oder nee, pardon, hei hunn ech d'Zuel, 15 Milliounen Säite ginn nach ëmmer gedréckt vum CTIE, an op där anerer Säit hu mer just 5,9 Milliounen Copie-digitalen. Ech mengen, dat muss engem dach ze denke ginn! Ech soen d'Zuel nach eng Kéier: 15 Milliounen ginn nach ëmmer an der traditioneller Form gedréckt a mir hu just 5,9 Milliounen Copie-digitalen.

An dann einfach eng Zuel, déi eis, mengen ech, méi brutal wéi iergendeppes aneres seet, wou mer mat där Digitaliséierung dru sinn: D'Digitaliséierung stellt knapps 1 % vum Total vum Budget duer. A wann ech hei elo nëmme eng Kéier e kleng Vergläich maachen, de Vergläich mat engem Land wéi Estland – dat ass mat eis ze vergläichen –: Estland huet 450 Milliounen Signature-électroniquen. Ech konnt nach net erausfannen, wéi vill mir där hei hunn. An Estland, do hutt Der 24 Stonnen op 24 Accès bei der Fonction publique op all d'Servicer. Et ass e Staat, deen ass exemplaresch!

Elo soen ech Iech awer, léif Kolleeginnen a Kolleegen: Mir hunn déi finanziell Moeien; mir sinn nach méi

kleng wéi Estland – firwat brénge mir et do einfach net fäerdeg, zwou Schëppe bäizeleeden an da wirklech déi Digitaliséierung an deem Land ze kréien, déi mer onbedéngt brauchen?

**Une voix | Très bien!**

**M. Laurent Mosar (CSV) |** Ech kommen zu engem drëtte Punkt, dee fir eis och weesentlech ass, dat ass dee sougenannte „Statut de l'indépendant“.

Ech schwätzen do och am Numm vu mengem exzellente Kolleeg Marc Spautz, mat deem ech och zwou Proposition-de-loien zu deem Sujet deponéiert hunn. Mir hu gesinn, wéi wichtig och den Indépendant ass. Ech wëll net op déi ganz Diskussiounen an der Kris agoen, mee och fir déi jonk Leit – ech kommen herno nach eng Kéier drop zeréck –, et si ganz vill jonk Leit, déi wëllen Entrepreneur ginn. Déi wëllen net op eng fest Aarbechtsplaz. An ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, datt een déi soll ënnerstëtzen. Mir hunn awer am Moment e Statut vum Indépendant, deen einfach par rapport zu deenen anere Leit net favorabel ass. Ech gi just zwee Beispiller – et ass och iwwerens do, wou den Här Spautz an ech eng Proposition de loi gemaach hunn –: Dat éischt, dat ass déi ganz Pensiounsreegulungen, déi vill méi defavorabel si fir d'Indépendante wéi fir all déi aner Leit, an dann och d'Onméiglechkeet fir d'Indépendanten, zum Beispill de Chômage partiel ze kréien.

Ech mengen, wa mir wirklech wëllen dat Land hei virubréngen, da brauche mer jonk a manner jonk Entrepreneuren an da musse mer awer och eppes fir d'Indépendante maachen. An ech fannen, datt d'Regierung do wirklech net schnell genuch virukënt. An duerfir och hei nach eng Kéier den Appell: Wannechgelift, den Här Spautz an ech, eis zwee fällt keen Zack aus der Kroun, wann d'Regierung eis zwou Propositionen einfach iwwerhëlt, da wärem mer mol schonn e weesentleche Schrëtt do virukomm.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Laurent Mosar (CSV) |** Da kommen ech zum véierte Punkt – dat ass och e bëssen en Dada vum Här Roth a vu mir, mee net nëmme vun eis; wann een a ganz villen Avisa liest, gëtt dat iwwerall ëmmer erëm incriminéiert –: Dat ass déi Fro, datt mer wëssen, datt besonnesch elo während deene Jore vun der Pandemie extreem vill Ekonomien op de Banken ugeheeft gi sinn. A mir hätte wirklech gär, datt déi Ekonomien net an den Immobilien ginn – a mir hu schonn honnertmol heiriwwer geschwat –, mee datt déi endlech an d'Économie réelle ginn, léif Kolleeginnen a Kolleegen.

Fir datt mer dat awer fäerdegbréngen, musse mer dat steierlech méi interessant maachen. A wann ech kucken – an ech mengen, et si vill Riedner, déi dat de Moien hei gesot hunn –, wéi vill Advokaten een haut kritt, wann een an Immobilien investéiert, a wann ech kucken, wat ee kritt, wann een zum Beispill a Risikokapital geet, fir an eng Startup ze investéieren: Näischt. Zero. Null. An dat ka jo net sinn!

Wann een och e bëssen international Rapporte liest iwwert déi Milliarden, Billiounen, déi do op de Konte sinn, mengen ech, muss dës Regierung onbedéngt en Effort maachen, fir datt mer endlech do eng Legislation kréien, déi iwwerens aner Länner schonn zum Deel hunn; ech gesinn dat haaptsächlech an der Belsch an a Frankräich. A fir Iech do e bëssen Drock ze maachen, wäerten de Kolleeg Gilles Roth an ech an den nächste Wochen do mat enger konkreter Proposition de loi kommen.

Dann e leschte Punkt, deen awer net onwichtig ass, deen och e weesentlechen Deel vum PNR ausmécht, dat ass dee vun de sougenannte „Skills“, Talenter.

Jo, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu reell e Problem an deem Land, fir Talenter heihinner ze kréien. An ech schwätzen elo mol net nëmme vu Supertalenter,

mee iwwerhaupt vu Leit, déi gewësse Kompetenzen hunn. Et gëtt quasiment kee Beräich, wou een net kloen an de leschte Wochen a Méint kritt huet, datt ee kee méi géif fannen.

Dat ass elo e reelle Problem, datt mir keng kompetent Leit méi hei op Lëtzebuerg unzéien. Wat mer awer nach méi ze denke gëtt – an ech hu selwer zwee Bouwen an deem Alter, ech schwätzen alt oft mat hinnen a mat hire Kolleegen – dat ass, datt ee mierkt, datt och ëmmer méi jonk Leit net méi wëllen zu Lëtzebuerg bleiwen, well se einfach soen: „Mir kréien an anere Länner vill méi Chancen, vill méi Méiglechkeete wéi zu Lëtzebuerg“. An dat ass eppes, muss ech Iech soen, wat mer éischters als Papp wéideet, mee awer och als Politiker. Soss war Lëtzebuerg e Land, wat d'Leit ugezunn huet. Jonk Leit ware frou, fir erëm an dat Land hei zeréckzekommen.

Ech hunn elo d'Impressioun, datt et de Contraire ass, datt vill jonk Leit souguer net méi wëllen, déi eng héich Formatioun hunn. An dat muss eis alleguerten ze denke ginn.

Ech wëll dat hei och elo guer net poleemesch gesinn, mee et ass eng Realitéit. An d'Zuele soen net nëmme, datt vill Leit an d'Ausland ginn, well d'Logementspräisser ze héich sinn, mee et sinn der och ganz vill, déi fortginn, well se der Meenung sinn, datt se sech hei zu Lëtzebuerg net esou kënnen developpéieren, wéi se dat an anere Länner kënnen maachen.

A just ganz kuerz zwou Propositionen, déi hu mir net erfondt an ech net erfondt, déi sinn awer net falsch an ech géif se duerfir och nach eng Kéier widderhuelen: Mir musse vill méi schnell detektéieren, wat d'Besoine vun der lëtzebuergescher Wirtschaft sinn. Dat funktionéiert net. Dat ass och net ëmmer ganz einfach an duerfir proposéiere mir dat, wat, wéi gesot, vill aner gescheit Leit och scho proposéieren, datt mer endlech en Observatoire des compétences hei an dat Land kréien, fir datt mer iwwerhaupt emol wëssen, wat déi Kompetenze sinn, déi déi lëtzebuergesch Wirtschaft an dëst Land brauch.

Mir sinn och der Meenung, datt een de Lifelong Learning nach vill méi muss ënnerstëtzen an datt déi Entrepreneuren do och steierlech nach vill méi mussen ënnerstëtzt ginn. Voilà, déi puer ganz konkret Propositionen, déi mir och do wëlte maachen.

Ech kommen, Här President, zum Schluss. Ech hunn et virdru gesot: Eis Wirtschaft leeft nach ëmmer, d'Finanzplaz funktionéiert och nach, mee mir mussen eis iergendwéi an eiser Mentalitéit – an ech huele mech an eis alleguerten och do mat dran – lassléise vun deem Gefill, datt alles automatesch wier. Ech hunn heiansdo d'Impressioun – an den Här Bauler nickt hei zoustëmmend, wou ech ëmmer ganz frou driwwer sinn –, ech hunn heiansdo d'Gefill, datt wann een ...

*(Interruption)*

... iwwer eng Finanzplaz schwätzt, da gëtt ee scho gelungen ugekuckt, Här Bauler. Elo soen ech Iech awer, et ass awer wichtig, Dir Dammen an Dir Hären, datt mir eis Gedanke maachen – an ech si bestëmmt elo keen Apostel hei vun der Finanzplaz, ech weess awer, wat déi Finanzplaz fir dat Land bedeit –, datt mer eis vläicht och emol méi Gedanke maachen, wéi et virugeet. Well eppes wäert net méi geschéien, dat ass, datt d'Entrepreneuren, d'Leit, wéi dat an den 80er-, 90er-Jore war, einfach hei op Lëtzebuerg kommen. Haut muss een drëm kämpfen. Haut muss ee besser wéi deen anere sinn. Wann een dat net fäerdegbréngt, dann ass een an där doter Welt verluer!

Ech wëll hei och eppes besonnesch à l'adresse vu der Madamm Backes soen: D'Regierung huet vill Efforte gemaach, fir datt mer vun deene Lëschten do



ewechkomm sinn. Dat ass gutt, dat ënnerstëtzt mir. Mir mussen allerdéngs wëssen, datt d'International Communauteit ni wäert akzeptéieren, datt et zu Lëtzebuerg eng gutt a kompetitiv fonctionéierend Finanzplaz gëtt. Dat wäert ëmmer enger Rei vu Länner a Finanzplazen net goen. Duerfir warnen ech och dovira ze mengen, et misst een ëmmer iwwerall noginn an da géif ee vill besser an der internationaler Communauteit dosto. Ech wëll net herno an engem Land liewen, wou mir dann zwar an den Hitparade vum Blanchiment – oder géint de Blanchiment – op éischter Plaz stinn, mee wou kee Mënsch méi hei op Lëtzebuerg wëllt e Kont opmaache kommen. Dat ass net déi Welt, an där ech op jidde Fall an, ech ka mer virstellen, eis Kanner a Kandskanner wëlle liewen.

Duerfir – an ech géif domadder ophalen –: Mir waren ëmmer e Land, wat innovativ war, wat ëmmer virun deenen anere war. An ech gesinn d'Madamm Reding, déi schonn eng gewëssen Zäitchen derbäi ass. Mir hunn ëmmer innovativ Léisunge proposéiert a mir waren ëmmer First Mover a mir hate keng Angscht. Haut hunn ech d'Gefill, datt mer eis fir d'éischt froen: „Wa mer dat doten elo maachen, riskéiere mer do net vläicht, iergendwéi eng op den Hutt ze kréien?“ Abée, Dir Dammen an Dir Hären, et ass virdru gesot ginn: „Mat Angscht mécht ee keng Politik.“ Duerfir géif ech mir wënschen, datt mer an Zukunft erëm méi eng proaktiv Politik maachen, mat manner Angscht, an da sinn ech och iwwerzeegt, datt et an déi gutt Richtung geet.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. An de leschten ageschriwwene Riedner fir de Moien ass den honorabelen Här Marc Spautz. An da géife mer Schluss maache fir de Moien, an de Mëtteg erëm um 14.15 Auer, véirel op zwou, ufänken, wou dann direkt d'Regierung d'Wuert kritt, fir op d'Diskussionen vum de Moien ze reagéieren.

Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Et ass just deen heite Pak Pensiounen, méi ass et net.

*(M. Spautz montre une pile de papiers au président.)*

**M. André Bauler** (DP) | D'Lat läit héich, Här Spautz!

*(Hilarité)*

**M. Marc Spautz** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, zu dëser fortgeschrittener Zäit kann ech mer erlaben, verschidde Saachen aus menger Ried ewechzeloossen, well meng ...

**Plusieurs voix** | A!

**M. Marc Spautz** (CSV) | ... exzellent Kolleegen, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | ... de Gilles Roth bei de Renten, de Laurent Mosar bei de Betriber a bei der Formation, scho viles gesot hunn. Et ass mer awer wichteg, un eppes ze erënneren, wat och haut hei ëmmer erëm ënnerstrach ginn ass an och déi lescht Wochen a Méint, datt ass den Dialogue social.

Ech wëll just soen, beim Dialogue social ass et wichteg, dass een den Dialogue social net nëmmen an de Mëttelepunkt stellt, wann ee Problemer huet oder eng Kris huet, mee dass den Dialog social och eppes ass, wat ee muss fleege a wou ee muss probéieren, reegelméisseg am Kontakt ze sinn, reegelméisseg am Echange ze sinn an net nëmmen d'Leit rufft, wa Problemer sinn. Och an der Famill rufft een d'Leit jo net ëmmer nëmmen, wa Problemer sinn, mee et rufft een d'Leit och fir besonnen Geleeënheeten, fir eng gutt familiär Ambiance ze halen.

An esou ass et och am Dialogue social. En Dialogue social, dee Lëtzebuerg ganz vill bruecht huet, der Lëtzeburger Ekonomie vill bruecht huet, dem Lëtzeburger Sozialliewe vill bruecht huet, dee muss een och fleege an heegen.

An dofir wëll ech nach eng Kéier drun erënneren, dass mer als CSV och schonn d'lescht Joer d'Regierung e puermol opgefuerdert hunn, wéi wichteg et wier, eng Tripartite ze maachen a mat de Partner ze diskutéieren an ze schwätzen.

Mir hunn elo déi lescht Deeg ... an dofir e grouse Merci un d'Madamm Minister Yuriko Backes an de Minister Franz Fayot fir déi Explikatiounen, déi mer kritt hunn, souwuel iwwert den Tripartite-Accord wéi elo iwwert dat, wat am PNR, am PSC ass. Ech war och e bësse berouegt an der Tripartiteskommissioun, dass ech ouni Bac+5 erlieft hunn, dass och Leit mat Bac+5 am Ufank Schwierigkeeten hatten, verschidde Saachen an den Tabloen ze verstoen. Dat huet mech awer iergendwéi berouegt. An ech ginn dovun aus, dass an deenen nächste Wochen déi néideg Erklärungen wäerte kommen. An de Fraktiounschef vum der LSAP huet de Moien nach eng Kéier gesot, dass een all déi Saache soll schréiflech eraginn, fir dass och Kloeerheet herrscht an der Tripartiteskommissioun, wat bei deenen eenzelne Punkte gemengt ass, wat ech och eng ganz gutt Propos fannen, fir dass mer och do alleguerten vum deem selwechte schwätzen a vun där selwechter Analys.

Well an der Tripartite ass et wichteg, dass een emol fir d'éischt déi selwecht Bestandsopnam mécht. Dat ass net nëmmen an der Tripartite, mee och am Dialogue social. Ech ginn do ëmmer nom Prinzipp „voir, juger, agir“. Wann ee sech beim „voir“ schonn net eens gëtt, bei der Situatioun, fir d'Bestandsopnam ze maachen, da brauch een iwwert déi zwee aner iwwerhaapt net méi ze diskutéieren, well da gëtt et näischt. Wa mer eis emol alleguerten eens sinn – an dat hat ech verstan, dat war awer an der Tripartite de Fall bei hinnen alleguer –, dass mer e Problem hei zu Lëtzebuerg hunn, wéi et de Moment leeft, an dat onofhängeg vun der Ukrain-Kris, well et ass vu menge Kolleegen de Moie schonn ënnerstrach ginn: Mir hatten och schonn Energieproblemer, mir hatten och schonn eng Präisproblematik virun dem Ukrain-Krich. An et ass net eréischt am Februar, wéi den Här Putin gemengt huet, d'Ukrain unzegräifen, dass do déi Problemer kommen sinn, mee déi war schonn do an och do hatt ee scho missen iwwer verschidde vun deene Punkten diskutéieren.

Ech mengen, dass mer hei zu Lëtzebuerg mussen oppassen, dass mer kee Schnëtt duerch d'Gesellschaft kréien, dass mer an deem räiche Lëtzebuerg, wat iwwerall virbäi ass an alle Statistiken – geschter ass nach ënnerstrach ginn, déi Zweet souguer am Environnement –, do awer keng Zweeklassegesellschaft kréien, fir net ze soen: Mir hu se schonn. An dee Chiffer, dee geet jo och aus dem Rapport ervir, dass mer plazeweis zwëschen 18 % an 22 % leien, wa mer vun Aarmut schwätzen. A wa mer de Rapport huele vun der Madamm Franziskus, deen deemools am Optrag vum Familljeministère eng Kéier gekuckt huet: Wat braucht de hei zu Lëtzebuerg, fir kënne convenabel ze liewen?, da komme mer iwwer 20 %. Well do gëtt et jo och nach gerechent, dass de och nach eemol de Mount däreft an de Kino goen, an dass de och nach eemol de Mount däreft verschidden Aktivitéite mat dengem Partner oder denge Kanner maachen. An do ass d'Schéier nach vill méi grouss!

An dofir däreft een och net bei all deene sozialen Errungenschaften, déi d'Sozialpolitik hei zu Lëtzebuerg erreicht huet an déi och plazeweis exemplaresch sinn – ob dat den RMG, de REVIS, de Mindestloun, d'Allocation de vie chère ass –, net vergiessen, dass

dat Errungenschaft si vum soziale Volet hei an eise Land, an dass mer eis och domadder kënne bretzen. Mee dat däreft awer net doriwwer ewechtäuschen, dass mer hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer Leit hunn, déi sozial Problemer hunn, an déi ganz grouss sozial Problemer hunn!

An den Hauptpunkt bei deene soziale Problemer – an et ass schonn hei ënnerstrach ginn, an net méi spët wéi lescht Woch hat och mäi Kolleeg, de Marc Lies, nach eng Kéier drop higewisen – ass dee vum Logement. Wann d'Leit esou vill hei mussen ausgi wéi a kengem anere Land an der ganzer Europäescher Unioun, fir kënnen ze wunnen, da mussen eis Paie méi héich sinn, da mussen d'Recettë vun de Stéit méi héich sinn, fir iwwerhaapt kënnen hei ze wunnen!

**Une voix** | Ganz richtig!

**M. Marc Spautz** (CSV) | A wa mer elo amgaang sinn, ëmmer méi ze erliewen, dass bei deene Frontalieren, bei deene mer jo elo gläich iwwer 200.000 sinn, den Undeel vun de Lëtzeburger, déi an hirem eegene Land Frontaliere sinn, ëmmer méi grouss gëtt, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, well se sech d'Wunnen hei net méi kënne leeschten, da muss ee sech awer Froe stellen. An da muss een och soen: Dann ass awer eppes an eise gudder System iergendwéi falsch gelaf.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | An da geet et net duer, dass mer all sechs Méint soen, mir misste méi bauen, a mir maachen et net. Et geet net duer, dass mer all sechs Méint an enger neier Analys feststellen: Mir musse méi bauen. Mir musse méi séier bauen. Mir musse méi héich bauen. Mee da musse mer och Decisiounen huelen, fir dass mer a) méi séier bauen, dass mer b) och administrativ e bësse méi séier virukommen, a firwat net, et ass schonn de Moien hei gesot ginn, d'Beispill huele vun Tinyhaiser, dass mer op d'mannst de Leit och hëllef kënnen, ...

*(Interruptions)*

... e Wunnsätz ze kréien.

Gëschter hu se nach d'Bilane bruecht, dass ëmmer méi Leit, déi souguer schaffe ginn – d'Caritas huet dat jo ënnerstrach –, keng Wunneng méi fannen, well se kee Revenu hunn, dee se kënnen hannerleeë fir ze lounen, respektiv well iwwerhaapt näischt am Marché do ass.

An do, Dir Dammen an Dir Hären, léif Leit, do ass et wichteg, dass mer eppes ënnerhuelen, well nëmmen da komme mer och aus der Situatioun eraus. An da kënne mer et vläicht fäerdegbréngen, dass d'Schéier vun Aarm a Räich net och nach méi grouss gëtt.

Ech wëll och soen: Déi Leit, déi am meeschte betraff si vun där ganzer Situatioun, si Monoparentauxen, kannerräich Famillen a virun allem och Leit – an dat gëtt et ëmmer méi a vun deenen ass nach weider net geschwat ginn –, déi sech an engem Reclassement befannen, Leit, déi sech an engem onsécheren Aarbechtsverhältnis befannen, respektiv keen Aarbechtsverhältnis méi hunn, well se am Berufsliewe reklasséiert gi sinn an do a Prozeduren hänken. Dat sinn déi Leit, déi am meeschte betraff sinn.

An ech mengen, dass et do och wichteg ass, dass mer och do och déi néideg Akzenter setzen an net ëmmer soen: „Mir sinn déi bescht am Kannergeld, mir sinn déi bescht an der Allocation de vie chère a mir sinn déi bescht am REVIS“, mee dass mer deene Leit och déi Hëllef zoukomme loossen, déi se brauchen, fir dass se eng Chance hunn, kënnen zrëckzekommen op den Aarbechtsmaart, a fir dass se och erëm d'Chance hunn, eng Méiglechkeet ze kréien, an der Gesellschaft derbäi ze sinn.

Da schwätze mer och gläichzäiteg vun deene Leit: Déi eng kënnen sech d'Wunne leeschten, déi aner net. Ech hat net méi spéit wéi viru 14 Deeg – an ech weess, dass den Delai nach net ofgelaf ass – eng Question parlementaire un d'Madamm Finanzministesch an un den Här Logementsminister gestallt.

Mir wëssen duerch d'Zënsopolitik, déi de Moment leeft – do hunn ech eng aner Meinung wéi den Här Kartheiser –, dass deemno, wat elo geschitt bei den Zësen, verschidde Leit eng ferm an d'Akaul kréien. A virun allem déi, déi elo Schold hunn, Leit, déi sech verschëlten hunn. An och wann nach näischt un Zëns-saz geschitt ass vun der Europäescher Zentralbank, gëtt et awer scho Leit, déi am Januar e Prêt ugefrot hunn an elo matgedeelt kritt hunn, wéi se ënnerschriwwen hunn, dass dat, wat se zréckzebezuelen hunn, zwëschent 300 a 400 Euro de Mount an d'Luucht gaangen ass.

A wann et elo eréischt lassgeet, an dat hei am Land, an dat bei enger Bank, déi dem Staat gehéiert ... An dofir muss ee sech awer och d'Fro stellen: Wat bedeit dat? Wat bedeit dat fir déi Leit, déi decidéiert hunn, en Haus ze kafen, en Ënnerdaach ze kafen, fir dass se och do Hëllef kréien? Ënnerhält de Staat nach eppes? Kréie mer nach zousätzlech Aiden, déi mer deene Leit kënnen ginn?

Well wann et duerno weidergeet, déi Leit e Prêt hunn an d'Zësen an d'Luucht ginn, Dir Dammen an Dir Härren, léif Frënn, ... Ech wëll Iech drun erënneren, wat an den 90er-Jore lass war, wéi vill Haiser do ënnert den Hummer komm sinn, well d'Leit net méi nokomm si mam Zréckbezuele vun hire Präten. Dat war, wéi mer eng Zënslaascht haten, déi 6 %, 7 % ausgemaach huet, plazeweis souguer bis 8 % an 9 % eropgaange war. Do si mer elo wäit dovun entfernt, awer do ass schonn eng Kéier eng Well gewiescht, well d'Leit net méi nokomm si mam Bezuelen. An dat dierf een dann och net an deem ganze Pak iwwergesinn.

A wann ech dat am Dokument vum Minister Fayot kucken, wou en exzellent ënnersträicht, am Kapitel 4.3, mir missten alles maachen, fir Pauvretéit ze verhënneren, mir misste kucken, dass et keng Pauvretéit méi gëtt, ben, da geet et net duer, sech ëm déi 22 % ze bekëmmere, mee dann och ëm déi 20 %, déi potenziell kënnen drënnerkommen.

Ech wëll do ënnersträichen: Den Här Hahn huet gëschter a senger Ried iwwert d'Energiediskussioun, déi mer mam Här Turmes haten, ënnerstrach, dass ëmmer méi Leit, déi net esou op där Aarmutsgrenz leien, Schwierigkeiten hunn, fir dat ze bezuelen, wat de Moment verlaangt gëtt, ob dat Energie ass oder och nach an anere Punkten, soudass mer eis jo am Fong eens sinn, wa jo och Majoritéitspolitiker soen, dass dat amgaang ass, e Problem ze ginn, dee mer hunn.

An e leschte Punkt, deen ech wëll ënnersträichen an deem Kader, dat ass bei anere Präisser: Net méi spéit wéi haut de Moie kann een an enger belscher Dageszeitung, déi zu Lëtzebuerg erauskënnt, kucken, wat d'Präispolitik ass hei zu Lëtzebuerg a wéi d'Präisser an d'Luucht gaange sinn, ob dat vum Fleesch ass, ob dat vum ... D'Fleesch: 20,56 % méi deier, also ausser d'Schwéngfleesch. Bei deem ass et en anere Punkt. Wann een da kuckt, wat d'Nuddelen, d'Deegwuere ubelaangt: 11,56 % méi deier. Miel a Weess: 9 % méi deier.

*(Interruption)*

A lo wësse mer, dass dat den Ufank ass. A mir wëssen, dass d'Ukrain ee vun deene gréisste Weesproduzenten an Europa an op der Welt ass, ... wat do nach wäert hannendru kommen. De Kaffi 7 %, d'Grompere 6,99 %, de Botter 4,75 %. Déi si méi deier ginn an deene leschten Deeg. A wann Der dat alles zesummerechent, dann

ass de Kierfchen, wann s de akafe gees, fir déi selwecht Produiten, elo a viru sechs Méint, da geet et net duer mat 100 Euro weider, mee dat sinn der ganz vill méi.

Ech mengen, dass et och do wichteg ass, dass mer dat och an där ganzer Diskussioun net vergiessen, wa mer soen: „Do kriss de jo nach 88 Euro oder 74 Euro“, wat net näischt ass, mee ob dat Punkte sinn, déi duerginn, fir alleguerten déi Deierechte kënnen opzefänken? Da si mir heibannen, eis mécht dat manner aus wéi deene Leit, vun deenen ech elo just geschwat hunn, deenen, déi op der Aarmutsgrenz setzen. Well déi iwwerlees sech dann zwee- oder dräimol, ob se dat mathuelen oder ob se dat net mathuelen.

Et muss ee sech och bewusst sinn, an dat ass dat Allerschlimmst, obwuel ech an enger Hisiicht ... Wann ee fäerdeg Produite kuckt wéi fäerdeg Iessen, déi ginn och extra an där Präistabell opgefouert, déi sinn och vill méi deier ginn. Déi sinn och iwwer 3,36 % méi deier ginn. Et ass net, dass et dann heescht: „Déi huele sech jo ëmmer dee fäerdege Menü.“ Mee och déi sinn an d'Luucht gaangen. A wann Der 28 Deeg am Mount muss zwëschent 3 % a 4 % méi bezuelen, da wësst Der alleguerten, wat dat ënnert dem Stréch bedeit.

An ech mengen, dass et do wichteg ass, dass mer eppes ënnerhuelen an dass mer do och déi punktuell Aiden deene Leit zoukomme loossen, déi se brauchen. An dofir war ech ganz frou, wéi ech dat gelies hunn, wat den Här Fayot an deem Kapitel ugedeit huet. Mee ech mengen, et geet net duer, et unzedeiten. Mir mussen och konkret deene Leit, déi ech elo grad beschriwwen hunn, hëllefen.

Ech hat nach eppes virbereet iwwert d'Renteproblematik, mee elo huet de Claude Haagen gëschter plus ou moins alles gesot: Dass mer amgaang sinn, an eng Richtung ze goen, déi net gutt ass, dass mer nei Weeër musse goen. Ech mengen, de Gilles Roth ass de Moien och schonn do drop agaangen. An do ass et jo och wichteg, an do gëtt erëm de Sozialdialog ënnerstrach ... Elo hu mer erëm e Problem, dann ass de Sozialdialog erëm wichteg.

Deen Dossier geet elo weider un e Gremium, deen am Sozialdialog fonctionéiert, de Conseil économique et social. An ech sinn da mol gespaant, wat am Conseil économique et social als Propose kënnt, fir dass mer wierklech verhënneren, dass eng Generatioun, déi elo ufänkt, herno Schwierigkeiten kritt, mee dass mer och déi Generatioun net vergiessen.

Well et war och grad déi Generatioun, déi an der Covid-situatioun mat am meeschte gelidden huet. An do, Här President, wëll ech drun erënneren: Mer haten eng Interpellatioun gemaach, fir driwwer ze schwätzen. D'Jugend als déi Betreffen an der Covidpandemie war bis elo nach net emol um Ordre du jour. A mir wiere frou ... Dat hätt gutt gepasst, wa mer dat Gespréich am Virfeld vun där Debatt hätte kënnen féieren, wa mer dat och eng Kéier géifen an de Mëttelpunkt stellen.

Ech wollt nach schwätzen iwwert d'Betriber an de Restaurationssecteur. De Laurent Mosar ass schonn drop agaangen. A virun allem mäi Kolleg, de Félix Eischen, hat och do schonn eng Heure d'actualité heibannen, wou mer geschwat hunn iwwert d'Situatioun, déi et an der Restauratioun gëtt. An eng aner Heure d'actualité, bei där mer heibanne geschwat hunn, war déi vun der Bildung, vun der Bildungspolitik, vum Handwierk, der Unerkennung vum Handwierk. Och dat ass eppes, wat ech nach eng Kéier wëll soulevéieren.

De Laurent Mosar ass virduer op d'Skillspolitik agaangen, dass et wichteg ass, dass mer gutt forméiert Lëtzebuurger hunn. An dat brauche mer an alle Sparten, well soss kréie mer Problemer an all deenen anere Secteuren, déi et gëtt.

An da muss mer och do e Kampf géint d'Schouloufbriecher maachen. Net géint déi Leit, mee deene Leit Hëllef ginn, Aidë ginn, fir dass se eng Méiglechkeet hunn, wa se d'Schoul ofgebrach hunn, dass mer se opfänken. An och do, einfach e Gesetz ze maachen an ze soen: „Elo gi se bis 18 Joer an d'Schoul, dann ass de Problem geléist“, Dir Dammen an Dir Härren, léif Frënn, ech gleewen elo net drun, dass domadder de Problem geléist ass. Mee et muss een erausfannen, wat de Problem bei deene Jugendlechen ass, deene Jugendlechen eng Hëllef ginn, eng Hëlfestellung ginn, eng aner Orientéierungsméiglechkeet ginn, an net einfach just soen: „Elo gi se bis 18 Joer an d'Schoul, dann ass de Problem geléist.“

An ech wëll drun erënneren, Här Baum: Wéi mer vu 15 op 16 an d'Luucht gaange sinn, hate mer och alleguerten gehofft, domadder wier de Problem geléist. Mee och dat, hu mer herno festgestallt, huet de Problem net aleng geléist.

Här President, ech mengen den Här Baum wollt mech eppes froen.

**M. Gilles Baum (DP)** | Nee, ech wollt Iech näischt froen.

**M. Marc Spautz (CSV)** | A!

**M. Gilles Baum (DP)** | Ech wollt Iech soen, Här Spautz: Gitt eis emol d'Chance, dat Gesetz do a Rou duerchzekucken, erkläert ze kréien. An Dir wësst jo, dass dat jo net direkt ufänkt, mee dass mer eis do eng Virlafzäit ginn, fir deene Kanner dann och eng individuell Betreuung zur Säit ze stellen. Gitt eis emol d'Chance. Mir wëlle jo do eppes maachen.

**Mme Simone Beissel (DP)** | Très bien!

**M. Marc Spautz (CSV)** | Ech ginn Iech dann d'Chance an da si mer emol gespaant. Mee denkt un dat, wat ech gesot hunn. Et geet net aleng duer ze soen: „Mir gi vu 16 op 18 Joer an d'Luucht.“

Da mengen ech, dass grad an der Formatioun eng Zesummenaarbecht mat der Economie och wichteg ass, fir dass mer, och wa mer wëssen, dass mer nei Aarbechtsplazë kreéieren, aner Aarbechten dohinner kréien, dann och déi Leit um Lëtzebuurger Marché fannen, fir dass déi an deene Betriber agestallt ginn. Nach ëmmer gëtt et Betriber, déi sech hei am Land nidderloossen, wat eng gutt Saach ass. Felicitatioun, Här Minister!

Mee wa mer da lauter Leit mussen huelen, déi net dem Lëtzebuurger Aarbechtsmaart zur Verfügung stinn, déi d'Qualifikatioun net hunn, muss ee sech och do d'Fro stellen, ob et net wichteg wier, dass dat zwëschent dem Aarbechtsministère, dem Educationsministère an der Economie vill méi fléissend géif lafen, fir dass et och méiglech ass, dass do déi Leit vun Aarbechter a Beamten op dem Lëtzebuurger Marché kënnen agestallt ginn. Well dat ass oft e Problem, virun allem am industrielle Beräich, wou mer dat feststellen, dass dat net machbar ass.

Ech kéint elo nach virufueren iwwert d'Work-Life-Balance, iwwert d'Zäitkonten, d'Teleaarbecht, d'Flexibiliséierung vum Congé parental an esou weider an esou fort. Dat alles hat ech mer nach virbereet. Mee wann ech d'Auer kucken, muss ech Iech soen, well dat och beim Här Fayot, am Kapitel 5 vu sengem Plang, virkënnt: All déi Saachen, déi et do gëtt ... Ech huele mer dann eng Kéier d'Fräiheet eraus, bei enger anerer Geleeënheet mam Här Wirtschaftsminister respektiv sengem Kolleg vun de Classe moyennes doriwwer ze schwätzen, well dat awer alles an d'Betribspolitik erageet, an dat ass och eng aktiv Aarbechtsmaartpolitik.

E leschte Punkt, deen ech awer wëll soulevéieren, léif Kolleginnen a Kollegen, dat ass d'Gesondheetspolitik.





Mir hate gëschter heibannen eng Motioun, déi vun der CSV erakomm ass, betreffend den IRM, déi ofgebaatscht ginn ass, fir dem Här Di Bartolomeo säi Wuert „baatschen“ ze gebrauchen.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Dat ass net mäin ...

**M. Marc Spautz** (CSV) | An haut de Moien hunn ech do um Radio héieren, hei zu Lëtzebuerg bräichs de, fir e Rendez-vous an engem IRM ze kréien, bis zu 18 Méint!

**Une voix** | Bravo!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Ech muss Iech awer soen ...

(Brouhaha)

**Une voix** | Mammographie!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Jo.

**Une voix** | Dat sinn zwou verschidde Saachen!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Jo, mee et ass awer en IRM!

(Brouhaha)

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Et ass awer net ze toleréieren.

**Une voix** | Et ass e Skandal!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Ech wëll awer ...

(Coups de cloche de la présidence)

... soen, ...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Et ass net ze toleréieren.

**M. Marc Spautz** (CSV) | ... ech wëll awer soen, dass ech dach awer iwwerrascht sinn, wann ech erkläert kréien, mir hätten eelef IRMen an et géife keng Problemer ... oder et wieren nach Problemer do, mee dat géif awer alles ëmmer besser ginn, an dann hu mer a verschidde Regiounen 18 Méint an an där beschter Regioun dräi an en hallwe Mount, déi s de muss

waarden, fir bei enger Mammographie e Rendez-vous an engem IRM ze kréien. Ech muss dach soen, léif Kolleginnen a Kollegen, dat ass an der Question parlementaire beäntwert ginn, déi net ech gestallt hunn, kee vu menger Blutgrupp gestallt huet, mee vun enger anerer, an d'Äntwert ass komm vun der Mammographie-Gesondheitsministesch.

An ech wëll doriwwer eraus soen: Ech war genaousou iwwerrascht, wéi déi Diskussioun war mat Ettelbréck, an duerno mam IRM, wéi ech héieren hunn op de Welle vu Radio Lëtzebuerg, dass do gesot ginn ass: „Jo, d'Chamber huet dat Gesetz gestëmmt 2018. Da muss d'Chamber och kucken, dass en neit Gesetz kënnt. A Gesetzer ginn net vun haut op muer gemaach.“ Ech muss Iech soen, ech sinn do ganz bei Iech. Gesetzer ginn net vun haut op muer gemaach. An d'Chamber muss hir Responsabilitéit iwwerhuelen. Ech war awer iwwerrascht, well grad déi Ministesch, wou mer ... Freides huet se eng Pressekonferenz gemaach, méindes ass de Projet nach net deposéiert gewiescht an de Samschdeg drop ass e Gesetz gestëmmt ginn.

(Interruption par la présidence)

Dass een da seet, d'Chamber wier relativ lues an hirer ...

(Interruption par la présidence)

... Ëmsetzung vu Gesetzer, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, ech hunn ...

(Interruption par la présidence)

... dat net gutt fonnt, net éierlech fonnt, ...

(Interruption par la présidence)

... well mir hu Gesetzer.

(Interruption par la présidence)

Ob se ëmmer gutt waren, ...

(Interruption par la présidence)

... dat weess ech net, ...

(Interruption par la présidence)

... well mir hunn oft Nobesserunge missen maachen.

(Interruption par la présidence)

Soss war et awer inhaltlech gutt, mee et däerf een awer dann net soen, d'Chamber, ...

(Interruption par la présidence)

... d'Chamber géif net séier genuch schaffen. Well mir hu bewisen an der Covidkris, a mer hunn och bewise gëschter an der Energieproblematik, dass ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Spautz, d'Auer ass op rout!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Jo, mee et waren och Ënnerbriechungen, Här President.

Ech soen Iech Merci.

(Brouhaha)

An ech schreiwen d'Minuten op, Här President, ...

(Coups de cloche de la présidence)

... ob Der bei deenen aneren och ëmmer esou genau sidd wéi hei bei mir!

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Spautz.

**M. Gilles Baum** (DP) | Mir mussen d'nächste Kéier ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Domat si mer um ...

**M. Gilles Baum** (DP) | ... de Modell 4 ufroen.

**M. Fernand Etgen**, Président | ... Enn vun der Sitzung vun de Moien ukomm. D'Chamber kënnt de Mëtten um Véierel op zwou nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen. Iech all e gudden Appetitt.

(La séance publique est levée à 13.05 heures.)

## 50<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président

### Sommaire

#### 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 31

M. Fernand Etgen, Président

#### 2. Débat sur le programme de stabilité et de croissance (PSC) et le programme national de réforme (PNR) (suite) ..... p. 31

Prises de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances (interventions de M. Gilles Roth, M. Gilles Baum, M. Dan Kersch, M. André Bauler, M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, M. Sven Clement et M. Mars Di Bartolomeo) | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) | M. le Ministre Franz Fayot | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) (intervention de M. Dan Kersch)

#### 3. Motion de M. Claude Wiseler relative au soutien de l'Ukraine face aux attaques de la Russie ..... p. 35

Exposé : M. Claude Wiseler

Discussion générale : Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Sven Clement et M. Marc Goergen)

Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | M. Claude Wiseler (parole après ministre) | M. le Premier Ministre Xavier Bettel | M. Sven Clement (parole après ministre) (intervention de M. le Premier Ministre Xavier Bettel) | M. Yves Cruchten (parole après ministre) (interventions de M. Sven Clement) | M. Claude Wiseler (parole après ministre) | M. le Premier Ministre

Xavier Bettel | M. Claude Wiseler (parole après ministre) | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre)

Vote sur la motion (intervention de M. Michel Wolter) (rejetée)

#### 4. Motion de Mme Viviane Reding relative à l'offre des opérateurs de télécommunication pour les réfugiés en provenance de l'Ukraine ..... p. 39

Exposé : Mme Viviane Reding

Prises de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

Mme Viviane Reding (motion retirée)

#### 5. Question élargie n° 140 sur la réduction du temps de travail ..... p. 40

M. Dan Kersch (interventions de M. Michel Wolter) | M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

#### 6. 7990 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ..... p. 41

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Dan Kersch

Discussion générale : M. Marc Spautz | Mme Carole Hartmann | Mme Djuna Bernard | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti

Prise de position du Gouvernement : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7990 et dispense du second vote constitutionnel

**7. 7988 – Projet de loi instaurant une compensation financière permettant la réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers ..... p. 42**

M. Gilles Baum

Rapport de la Commission spéciale « Tripartite » : M. Gilles Baum (intervention de Mme Josée Lorsché)

Discussion générale : M. Gilles Roth (interventions de M. François Benoy, M. Laurent Mosar et M. Sven Clement) | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7988 et dispense du second vote constitutionnel

**8. Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen ..... p. 45**

Exposé : Mme Martine Hansen

**9. 7982 – Projet de loi portant modification des articles 1<sup>er</sup> et 32 du Code de la sécurité sociale ..... p. 46**

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Mars Di Bartolomeo

Discussion générale : M. Marc Spautz | Mme Carole Hartmann | M. Charles Margue | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7982 et dispense du second vote constitutionnel

**10. Motion de Mme Martine Hansen relative à l'introduction d'une prime pour les apprentis sous le « régime concomitant » ..... p. 48**

Discussion générale : M. Gilles Baum | Mme Martine Hansen

Vote sur le renvoi de la motion en commission (adopté)

**11. 7976 – Projet de loi portant modification de :**

**1<sup>o</sup> la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;**

**2<sup>o</sup> la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance ..... p. 48**

Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme : Mme Simone Beissel

Discussion générale : M. Marc Spautz | Mme Tess Burton | Mme Stéphanie Empain | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7976 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. Franz Fayot, M. Claude Haagen, M. Georges Engel et Mme Yuriko Backes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.17 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Nee, Här President.

## 2. Débat sur le programme de stabilité et de croissance (PSC) et le programme national de réforme (PNR) (suite)

**M. Fernand Etgen**, Président | No den Debatte vun de Moie kënnt d'Chamber elo zur Stellungnam vun der Regierung. Ech ginn d'Wuert un d'Finanzministesch, d'Madamm Yuriko Backes. Madamm Backes, Dir hutt d'Wuert.

### Prises de position du Gouvernement

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | De Mëtteg ass et dann op dëser Säit méi roueg wéi während mengem Discours vu gëschter. An Dir sëtzt elo esou wäit ewech, Här Roth.

(Brouhaha et hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech mengen, haut ass et méi roueg, Här Roth, well et si verschidde Leit vun der CSV-Fraktioun nach net hei. Duerfir kënnt Der op Ärer Plaz sëtze bleiwen. Et ass net wéi gëschter.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Sot, Här President, ech wëll Iech just un eppes erënneren: Dir sidd de President vu 60 Deputéierten an net de President vun der Majoritéit. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Gilles Baum** (DP) | O, e bëssen Humor.

**Une voix** | Här Roth. Här Roth!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, ech sinn am Fong geholl zoustänneg als Chamberspräsident,

datt op alle Fall déi Debaten hei an aller Serenitéit kënne gefouert ginn.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ma da gitt Iech drun!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här Roth, wat ass geschitt an der Mëttegstonn? De Moie waart Der vill besser gelaunt.

**M. André Bauler** (DP) | Ech proposéieren, datt mer elo d'Ministesch schwätze loosson.

(Interruption et brouhaha)

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Voilà! Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech wëll Iech Merci soe fir deen exzellenten Debat vun de Moien. Dat war jo da mäin éischte PSC. Ech léieren natierlech och all Dag nach bäi. Ech fannen, déi Diskussioun vun de Moie war wierklech extreem wichteg an och ganz interessant. Ganz vill wichteg Punkte si mentionéiert gi vun all den Deputéierten an ech soen Iech Merci dofir.

Fir Previsiounen opzestellen, ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, an enger Situatioun, wéi mer se haut hu vu Krich, vu Krisenzäiten, ass ganz schwéier. Mir wëssen net, wéi et weidergeet. Mir wëssen net, a wéi eng Richtung eventuell nach eng Eskalatioun ka weidergoen, wat dat heescht, wat dat heescht fir d'Energiepräisser. Wat fir en Impakt de Krich och weider op eis Wirtschaft huet, alles dat wësse mer net, an dat mécht déi ganz Situatioun natierlech net méi einfach, wéi mer eis Zukunft da gemeinsam hei gestalten.

Am PSC ginn also haaptsächlech de Constat économique an och d'Budgetperspektive gemaach. De Format, ech mengen, mir haten et scho gesot, gëtt vun der Kommissioun virgeschriwwen, fir eebe kënne vergläichbar Zuele fir all d'État-membren ze hunn. Et sinn natierlech immens vill Zuelen. Hannert deenen Zuele stinn natierlech Politicken. Hannert deenen Zuele stinn natierlech och Leit. An et ass fir déi Leit an och déi Betriber, wou mer hei alleguerte schaffen.

Ech hu ganz vill Notte geholl de Moien, dofir probéieren ech, mech elo hei e bëssen zurechtzefannen, fir op déi verschidde Saachen anzegoen.

Ee Wuert vläicht: Defizit an d'Staatsschold. Ech mengen, mir ginn a ganz Europa beneit fir déi Situatioun, fir déi finanzbudgetär Situatioun, déi mer hunn. D'Schold, déi ass héich, dat hunn ech och gesot, mee si ass awer déi zweetniddregst an der EU. De Sold vun der Administration publique war bei Wäitem dee beschten an der Eurozon. „D'Zäit vu Schéiwiederpolitik ass eriwwer“, ass de Moie gesot ginn. Also op alle Fall vu mengem Point de vue, ech schwätzen op alle Fall näischt schéin. Dat entsprécht och net mengem Charakter. Ech wëll ganz éierlech hei kënne schwätzen, mat Iech schwätzen. Ech wëll éierlech kënne hei Politik mat Iech zesumme maachen, well ech mengen, et ass dat, wat erfuerdert ass. An dofir, mengen ech och, misste mer wierklech éierlech d'Defien ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | An dat éiert Iech och!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Villmools merci. Voilà! Ech mengen, d'Zukunft, déi gestalte mer jo hei och zesummen an dofir ass et mer wichteg, op op déi Aart a Weis kënne mat Iech zesummenzeschaffen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | E Wuert iwwert d'Tripartite, an do soen ech Iech och Merci fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht och an der Kommissioun, déi vum Här Gilles Baum geleet gëtt. Ech mengen, do stelle sech bestëmmt nach e ganze Koup Froen. Dat ass och déi Plaz, wou mussen déi néideg Explikatiounen da kommen. An ech mengen, och dat misste mer ganz seriö zesumme weidermaachen, well ech mengen, mir wëlle jo alleguerte virkommen, dass déi Instrumenter, déi mer wëllen en place setzen, och esou séier wéi méiglech gräifen am Interêt vun de Bierger vun dësem Land.

Ech wëll awer, dass mer net vergiessen, dass mer hei – ech sinn nach ëmmer am Kader vun der



Tripartite – keng strukturell Mesuren decidéieren. D'Tripartite ass, wéi mer alleguerten wëssen, e Krisen-instrument, Mesuren am Kontext eebe vum Report vum Index, déi mer geholl hunn, fir dann och de Leit de Kafkraaftverloscht ze kompenséieren, an alleguerten déi aner Mesuren, déi och an deem Kontext sollen ugehall ginn. Wéi gesot, mir maachen hei keng strukturell Mesuren, mee déi sinn eeben am Kader vun enger Kris, wou mer d'Leit wëllen ënnerstëtzen.

E Wuert iwwert d'Steieren. Ech hunn Iech alleguerten ganz gutt nogelauschert. De PSC ass net d'Plaz, wou Steiere reforméiert ginn. An deem héijen Haus, dat wësse mer jo, wäert och geschwënn en Debat iwwert d'Steiere gefouert ginn. Ech hunn och keen Datum, mee ech mengen, dat ass e ganz extreem wichtige Sujet, well mer do wierklech mussen zukunftsorientéiert diskutéieren, denken. Ech wäert an deem Kontext och nach e ganze Koup Diskussiounen a Gespréicher féieren. An där Kris, an där mer elo sinn, ass et net de Moment, fir elo en vitesse un de Steierschrauwen ze dréinen. Et ass op alle Fall net esou, wéi ech et gesinn. Natierlech maachen ech mir och weider Gedanken, wéi een eise Steiersystem méi gerecht, méi kompetitiv a méi nohalteg kann a muss gestalten.

E Wuert dann iwwert de Pensiuonssystem. Deen ass och, d'Sécurité sociale ass och erëm mentionéiert ginn de Moien, an e extreem wichtige Sujet. Als Finanzministesch huelen ech natierlech och de Constat, deen do gemaach gëtt, ganz seriö. Den zoustännige Minister huet dee gëschter, virgëschter presentéiert. Mir gesinn, dass kuerz- a mëttelfristeg eise Pensiuonssystem also op zolitte Féiss steet. Dass et da méi laangfristeg schwéier gëtt, dat wësse mer, dat ass och keng Neigkeet an dat musse mir ganz genau am A behalen.

An an deem Sënn fannen ech et och wierklech elo dee richtige Wee, dass den Avis vum CES gefrot gëtt an dass eebe mat de Forces vives vun der Natioun zesummen dann no Léisunge gekuckt gëtt, wéi mer eis do an der Zukunft kënnen opstellen.

E Wuert zum Stabilitéitspakt. Verschiddener vun den Hären an Damm Deputéiert hunn dese Sujet ugeschwat. Do wëllt ech Iech soen, dass Gespréicher iwwer esou eng Reform schonn zanter méi laanger Zäit lafen. Méi konkret hu se effektiv och ugefaange virun der Pandemie. Am Hierscht huet sech dunn d'Dynamik e bësse méi entwéckelt, dat war da kuerz virun der Zäit, wéi ech déi heite Fonctioun opgehall hunn. Fir awer op eng Remark ze reagéieren, déi de Moie gemaach ginn ass: Also Lëtzebuerg huet sech bis elo ëmmer derfir agesat, dass déi 3 % a 6 %, déi sougenannt „Maastrichter Kriterien“, bäibehale ginn.

Ausserdeem sollten d'Reegele vereinfacht ginn. Dat ass elo en Deel vun der Diskussioun. Och sollt gekuckt ginn, wéi d'Investissementer besser kënnen encouragéiert ginn. Do schwätze mer natierlech vun nohaltegen Investissementer, och vun Investissementer am Domän vun der Digitalisatioun.

Bon, mam Krich ass natierlech elo och déi doten Diskussioun um europäeschen Niveau e bëssen an den Hannergrond geroden. Fir mech ass et wichtig, dass esou eng Reform – dat ass och e Sujet, deen a menge Gespréicher zu Bréissel ëfters opkënn –, dass, wa mer déi Reform ugin, le moment venu, des Reform net dozou féiert, dass mer herno „deux poids, deux mesures“ hunn. Ech mengen, et ass fir eis – haaptsächlech als e klengt Land – wierklech wichtig, dass déi selwecht Reegele gëlle fir all Memberstaaten, och wa mer natierlech wëssen, dass d'Situation économique et financière vun État membre zu État membre an der EU an an der Eurozon natierlech grondverschidden ass.

Mee déi doten Diskussioun, déi ass wichtig. Wéi gesot, wéinst der Situatioun vun haut ass se jo dann och

nees e bëssen an den Hannergrond geréckelt, mee dat ass eppes, wou um europäeschen Niveau och nach ganz vill Diskussiounen wäerte lafen.

Wat dann eis Finanzplaz ugeet, do sinn ech ganz frou, dass mer am Fong, géif ech emol soen, an dëser Chamber dee selwechte Constat hunn, dass d'Finanzplaz wierklech den Haaptmotor vun eiser Wirtschaft ass. Mee d'Diversifikatioun ass extreem wichtig am Secteur, am Finanzsecteur wéi och ausserhalb, an ech mengen, do wäert de Franz Fayot a senger Interventioun duerno och nach méi am Detail drop agoen.

Ech sinn natierlech am ganz reegelméisseg Kontakt mam Secteur. Ech si mer den Defie vum Secteur ganz bewosst. Bon, ech sinn elo eréischt säit e puer Wochen hei am Amt, mee ech kann Iech soen, dat ass eng vu mengen topp Prioritéiten. An an där weineger Zäit, wou ech elo hei sinn, hat ech eebe scho ganz vill Gespréicher, soudass ech ganz sensibel sinn op d'Problemer, déi mer hunn, an och ganz sensibel drop sinn, wéi mer dem Finanzsecteur kënnen hëllef, sech weider opstellen. Ech kommen awer nach dorop zrëck.

Mir wäerten also alles drusetzen, ech op alle Fall mat der Regierung, dass mer eis Finanzplaz weider nohalteg entwéckelen, wéi scho gesot diversifizéieren an attraktiv gestalten. Do spillen natierlech eng ganz Rei vun internationalen Evolutiounen mat, op déi mer da vläicht manner Afloss hunn, mee ech mengen, wat wichtig ass, ass dass mer de besteeënden Knowhow weider opbauen, duerch zum Beispill Formatioun, zum Beispill Recherche. D'Theema Talenter op Lëtzebuerg kënnen unzéie respektiv och nei Kompetenzen entwéckelen an dann déi richtig Talenter unzéien, ass en Thema, dat ëmmer erëm mat den Interlocuteurs vum Finanzsecteur opkënn, wat ech och wäert ganz am Detail suivéiere fir ze kucken, wat ee wierklech do ka maachen.

Da gëllt et och, fir nei Beräicher ..., alternativ Investmentfongen, digital Finanzservicer, nohalteg Finanzen, ech mengen, un all deem musse mir schaffen an do musse mir och dem Finanzsecteur d'Méiglechkeet ginn, fir weider dodrop opzebauen.

Ech wëll awer och soen, dass scho ganz vill geschitt ass. Mat der Kreatioun vum LHOFT zum Beispill – dat feiert elo seng fënnf Joer – hu mer am FinTech-Secteur wierklech e Secteur geschaf, wou ee ka weider drop opbauen. Wéi gesot, mam LHOFT mécht dat eis et méi einfach. Dat war wierklech eng exzellent Initiativ.

Da gëtt et natierlech och eng ganz Rei vun anere Programmer. Ech ginn elo net ze vill am Detail drop an, mee zum Beispill Programmer wéi International Climate Finance Accelerator ass eng gutt Saach. Och op de Wee ze goen vu Master a Rechercheprogrammen iwwert d'nohalteg Finanzen zu Lëtzebuerg, dat ass eng ganz gutt Saach. Op alle Fall wäert ech weider aktiv heidru schaffen, natierlech um nationale Plang, fir ze kucken, wéi mer eis national esou opstellen kënnen, dass et dem Secteur entgéintkënn, an natierlech och um europäeschen Niveau. Ech mengen, dat ass mer jo net friem. Ech schaffe scho méi laang an deem Domän.

An d'„Shell-Direktiv“ ass mentionéiert ginn. Ech mengen, Dir fannt wahrscheinlech keen, deen dat dote méi seriö hëlt wéi ech. An all menge Gespréicher, déi ech reegelméisseg dann zu Bréissel oder och hei hunn, ass dat ee Sujet, fir ze kucken, dass mir do eeben net iwwerproportional dorënner leiden, well mir esou opgestallt si wéi mer sinn, well mir net kënnen akzeptéieren, dass déi ganz grenziwwerschreidend Finanzplaz eppes ass, wat als ganz komesch ugekuckt gëtt, wou – ech mengen, et ass och mentionéiert ginn – aner Länner probéieren, eis vläicht „eidelzusuckelen“. Dat kënnen mer net zouloossen! Ech wäert et net zouloossen,

soudass ech mech weider wäert ganz am Detail do-drëms bekëmmern an déi Gespréicher an deem Sënn och wäert weiderféieren.

Mir hunn awer en europäesche Kader, un dee mer eis mussen halen. Mir sinn och ganz frou, dass mer op kenger schwaarzer Lëscht méi sinn, dat heescht, mir mussen och oppassen, wéi mer eis do beweegen. An ech mengen, do si mer eis awer och alleguerten eens, well dat soll jo och esou bleiwen, dass mer net méi op eng Lëscht kommen.

An et ass gesot ginn, dass ee mat Angscht keng Politik mécht. Do ginn ech Iech ganz Recht. Also aus menger Siicht op alle Fall wëlle mer Politik mat Verstand maachen! An dat maache mer definitiv, wa mer vun eiser Finanzplaz schwätzen. An ech mengen, dat maache mer och zesummen. Dat maache mer zesummen hei. Dat maache mer och zesummen an eisen Diskussiounen an der Chamberskommissioun, an der Cofibu (ndlr: Commission des Finances et du Budget). An ech freeë mech do op eng exzellent Zesummenaarbecht mat Iech alleguerten, well ech mengen, wann et ee Sujet gëtt, dee fir eist Land wichtig ass, dann ass et ënner villen aneren awer definitiv och deen, wéi eis Finanzplaz sech wäert weider entwéckelen.

Dann ass nach en aneren EU-Volet, deen ech ganz kuerz wollt uschwätzen. Et ass gesot ginn, dass Lëtzebuerg Suivismus um europäeschen Niveau géif maachen. Also ech mengen, ech kann do fir d'Regierung schwätzen, mee ech wëll awer do och haaptsächlech op dëser Plaz fir mech selwer schwätzen: Also et ass op alle Fall net esou, wéi ech meng Aarbecht gesinn, dass ech Suivismus um europäeschem Niveau géif maachen, an haaptsächlech net am Domän, wou ech dann hei Responsabilitéit hunn. Ech gesinn do meng Aarbecht éischter als proaktiv Saache gestalten, proaktiv agéieren am Interêt vun eisem Land, an definitiv net „suivéieren“!

Den EU-Budget ass ugeschwat ginn an ech mengen, jo, eis Budgets- a Finanzsituatioun, och wa mer wëssen, dass dat alles haut net ideal ass – ech mengen, ech hunn dat gëschter am Detail beschriwwen –, ass awer besser wéi an, soe mer, deene meeschten, wann net allen anere Länner. Dofir, fir mech ass d'Solidaritéit awer d'Essenz vun europäesche Projet! A jo, do bezuele mir derfir an. Dofir bezuele mir vill an! Mee dofir wäert ech mech awer nimools schummen. Ech mengen, mir si fir e staarkt Europa an en EU-Budget, deen deenen Ambitiounen, déi Europa do huet an déi mir matdroen, och gerecht gëtt. An dat besonnesch nom Brexit!

Dobäi wëll ech och bemerken, dass mer natierlech och europäesch Institutiounen hei hunn, dass dat och eng ganz gutt Saach ass fir alles, wat dat mat sech bréngt.

Zum Schluss, well ech mengen, meng Zäit ass och scho bal ofgelaf an de Franz Fayot ...

**Une voix** | Riedezäit.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Pardon?

**La même voix** | Är Riedezäit.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Wat hat ech gesot?

**Plusieurs voix** | Är Zäit.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | D'Zäit.

(Hilarité générale)

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Dir hutt eréischt ugefaangen, Madamm Backes.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mir ginn Iech nach e puer Méint. Macht Iech keng Suergen!

(Hilarité)

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Ech hat d'Riedezäit gemengt, ech preziséieren dat dann elo, well ...

(Hilarité et brouhaha)

Voilà! Also dëse PSC ass opgebaut op engem Zenario, wéi mer scho beschwat hunn, wou d'Croissance 2 % manner staark ass, wéi nach virum Krich am Fong gemengt gouf. Et ka kee vun eis an eng Glaskugel kucken ...

(Brouhaha continu)

(Mme Yuriko Backes interrompt brièvement son intervention.)

Ech hu geléiert vu gëschter: Ech halen einfach op mat schwätzen.

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Also d'Riedezäit ass bei 60 Minutte fir d'Regierung.

(Hilarité)

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | A bon!

(Brouhaha)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Also all Minutt, déi Dir schwätzt, muss keen anere vun hinne schwätzen.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | D'geopolitesch Situatioun bréngt déi Onsécherheete mat sech, déi mer deem ...

**Une voix** | Et gëtt vill ze soen.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo, dat eent an dat anert.

**Une autre voix** | Loosst Iech net stéieren!

(Brouhaha)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här Di Bartolomeo, elo bréngt d'Madamm Ministesch net duerjereneen!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Keng Angscht! Ech sinn net duerjereneen, mee ech géif awer gären dem Här Fayot och d'Geleeënheet ginn, fir op senge Punkten ze intervenéieren. Dofir loosst mech wannechgelift kuerz hei zum Enn vu menger Intervention kommen. Wéi gesot, also mir sinn hei an enger Kris. Et si vläicht Polikrisen: Mir kommen aus enger Pandemie, mir hunn Inflation, mir sinn an enger Krichssituatioun. Et weess keen, wéi d'geopolitesch Situatioun sech wäert entwéckelen. Als Regierung hu mer d'Verantwortung geholl, dat mam Solidaritéitspak.

Fir mech ass et effektiv och wichteg, fir hei de Message ze ginn, dass mer awer als Land an als Gesellschaft sollen zesummekommen an eis net sollen ausereneendreei loosse. D'Staatsfinanze mussen op gesonde Bee stoen, dofir wäert ech mech op alle Fall asetzen. Fir mech ass et och wichteg – fir dann nach eng Kéier ze widderhuelen, wat ech gëschter scho gesot hunn –, dass mer musse gewëssenhaft mat de Steiergelder ëmgoen, dass mer musse kucken, dass d'Entreprise kompetitiv bleiwen, dass d'Aarbechtsplazen ofgeséichert sinn, dass de Mënsch am Mëttelpunkt muss stoe vun eiser Politik, dass dat soziaalt Netz muss weider gestärkt ginn, dass mer gescheit Investissementer maachen, a besonnesch am Beräich vun der grénger an der digitaler Transitioun.

An ech mengen, all déi Sujete sinn hei ugeschwat ginn, dat ass ganz wichteg. An am Detail musse mer natierlech zesummen – an ech wëll wierklech ënnersträichen: zesummen! – weider dru schaffen, well et ass och nëmme zesummen, wéi mer an enger Krisenzäit kënnen agéieren. An haaptsächlech fir dee Volet, wat eeben déi budgetär an d'Finanzsituatioun ugeet, sinn

ech natierlech ëmmer a reegelméissegem Kontakt mat der Chamberskommissioun, mat der Cofibu, déi ech weider reegelméisseg wäert informéieren iwwert d'Evolution an wou mer, mengen ech, och zesumme mussen déi richtig Decisiounen huelen, fir eis gutt fir d'Zukunft opzestellen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. An ech ginn d'Wuert dann un den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Merci, Här President. Och merci all den Deputéierten, déi haut de Moie geschwat hunn a sech hei bei deem Debat abuecht hunn. Et war e gudden a räichen Debat. Et ass gesot gi vun engem Riedner, dass e géif bedauern, dass et keen État de la nation géif ginn, mee dat war awer e mini État de la nation, well esou vill verschidde Sujeten ugeschwat gi sinn.

Ech géif gär op e puer Saachen agoen, déi vun de Riedner evoquéiert gi sinn, an ufänke mam Dialogue social. De Marc Spautz huet vum Sozialdialog geschwat, och am Kontext vum PSC/PNR. Ech hunn Iech gëschter gesot, dass mer do e ganz gudden Sozialdialog haten, dass mer bis elo dräi Sitzungen hate mat de Sozialpartner, mer eng véiert geplangt hu fir am Juni, fir op d'Recommandatioun vum der Kommissioun anzegoen – an dat ass just ee vun den Aspekter vun eise Sozialdialog hei zu Lëtzebuerg.

Verschidde Ministeren hu reegelméisseg en Austausch mat de Gewerkschaften a mam Patronat. Ech hunn dat op enger ganzer Rei Industriedossieren. Mir hunn elo zum Beispill bei der schwiereger Diskussioun ronderëm Liberty Steel e reegelméissegem Austausch mat de Gewerkschaften, mir schaffe ganz enk zesummen op deem Dossier. Dann ass natierlech och den Dialogue social ganz rezent gewiescht am Kader vun der Tripartite. Och do si muncher vun Iech drop agaangen.

Ech géif hei gären nach eng Kéier betounen, dass dat e ganz gudden Dialogue social war an der Tripartite. Mir hate laang a gutt Diskussiounen. Et huet jiddweree sech eescht geholl an där Diskussioun. Et ass jiddweree zu Wuert komm. Et konnt jiddweree seng Positiounen duerleeën. An ech sinn der Meenung, dass dat, wat mer do decidéiert hunn, deen Accord, dee mer fonnt hunn op deem Solidaritéitspak, dass dat e gudden Accord ass.

Et ass en Accord, dee gezielt do korrigéiert an do intervenéiert, wou et am néidegsten ass, an dat souwuel bei de Stéit wéi och an eiser Economie. Mir krute gesot, an dat ass e Constat, dee gedeelt ginn ass vun all de Parteie ronderëm den Dësch, dass mer eng ganz eescht Situatioun hunn. Mir hunn an deem Debat och vill geschwat iwwert déi schwaarz Wolleken, déi sech iwwer Lëtzebuerg – an iwwer Europa natierlech – gesammelt hunn, an nach méi säit dem 24. Februar, säit dem Ausbruch vum Krich an der Ukrain.

An där Lag waren d'Entreprises der Meenung ... oder gouf et vun den Entreprises eng staark Demande dono, dass se iwwert déi nächst Joer géifen eng Previsibilitéit kréien, dass se an där ganz onstabeler Diskussioun, an där mer dra sinn, do kéinten iwwer zwee Joer eng Planungssécherheet an eng Previsibilitéit kréien. Déi hu mer hinne ginn, a jo, och natierlech zum Präis vun enger „Manipuléierung“, wann ee wëll, oder engem Ajustement vum Indexmechanismus.

Ech géif och nach gären eng Kéier hei an der Chamber drun erënneren, dass dat net déi éischte Kéier ass, wou dat geschitt ass. Et ass viru Kuerzem scho gemaach ginn, 2012, no der grousser Finanzkris, an der Kris

vun der Dette souveraine, wou och eng Kéier iwwer zwee Joer den Indexmechanismus op ee pro Joer plafonéiert ginn ass, an dat deemools – och dat wëll ech betounen – mat vill manner voire guer kenger Kompenséierung vun där Measure. Dat ass dës Kéier ganz, ganz anescht.

Och 2006 ass dat schonn eng Kéier gemaach ginn, och mat ganz wéineg Kompenséierung. Dës Kéier ass dat, wéi gesot, anescht. Mir hu mat deem Crédit d'impôt énergie e Mechanismus, mat deem mer all d'Revenue bis 5.700 Euro brutto an de Klassen 1 an 1a komplett kompenséieren, voire souguer iwwerkompenséieren fir den Ausfall vun där Indextranche. An der Klasse 2 sinn dat Revenue bis zu 5.000 Euro. A mir waren an där Tripartite op der Säit vun der Regierung der Meenung, dass déi, déi driwwer verdéngen, dat misste kënnen aushalen, och an engem Solidaritéitsgedanken an där ganz schwiereger Lag. An dann ass et natierlech esou, dass och den 1. Abrëll, dat heescht virun emol net engem Mount, jo eng weider Indextranche gefall ass, eng Indextranche fir dës Joer.

Ab Abrëll 2023 wäert dann déi nächst Indextranche falen. Et ass also och net esou, wéi dat jo op verschidene Plaze gesot gëtt, dass hei eng Attack op den Index stattfënt. Dat war net de Fall, och net an där Tripartite. Do ass zu kengem Zäitpunkt gesot ginn, dass ee géif hei den Index a Fro stellen. An dat ass natierlech eppes, fir mech, wat éischens net am Regierungsprogramm steet a wat natierlech fir mech als sozialisteschen Ekonomiesminister och absolutt net a Fro komm wär.

Ech mengen, dat ass e ganz wichtige Message. Et muss ee wierklech och kënnen hei nach eng Kéier soen, dass sech wierklech jiddweree zu deem Indexmechanismus bekannt huet. A wann een elo de Géigendeel seet oder iergendwéi behaupt, den Index wär ënner Attack, an dobäi, mengen ech, awer och Abstraktioun mécht vun där aussergewöhnlecher Lag, an där mer dra sinn, da leeft een a mengen Aen e bëssen an enger falscher Realität.

Et ass och gesot gi vu verschidde Riedner, dass d'Zukunft keng Fatalitéit ass. Ech mengen, d'Francine Closener huet dat gesot a senger Ried. Anerer hunn eng änlech Äusserung gemaach. An ech muss soen, ech sinn natierlech och domadder komplett d'accord. Natierlech gëtt et awer verschidden Aart a Weisen, d'Zukunft ze kucken an an d'Zukunft ze kucken.

Et kann een dat maachen op eng ganz negativ Aart a Weis, wéi dat vum Riedner vun der ADR gemaach ginn ass, deen erëm eng Kéier seng – a mengen Aen – zimmlech retrograd Visioun vun eisem Land a vun der Politik fir eist Land a fir Europa duergeluecht huet, dee vun engem schlanken Staat geschwat huet, dee sech net dierf verscholden, deen och net dierf weider investéieren an d'Zukunft vun eisem Land, fir all deenen Defien ze begéinen, déi op eis zoukommen, deen och Europa am Fong éischter als e klenge Europa gesäit, deen alignéiert ass mat deene Kreesser an Däitschland, déi D-Mark-Nostalgiker sinn an déi den Euro wëlle schwächen, dee sech natierlech och erëm eng Kéier klimaskeptesch geäussert huet an deen och erëm eng Kéier eng relativ grouss Proximitéit zu Russland un den Dag geluecht huet.

Ech wëll soen: Dat ass net meng Visioun vun der Zukunft vun eisem Land a vun Europa! Ech hunn do – muss ech och zouginn – éischter eng Präferenz fir méi optimisteschen Vuen, wéi déi zum Beispill vum Sven Clement, dee gesot huet: „Mir sinn der Meenung, dass mer déi Challenge vun der Dekarboniséierung, vum Kampf géint de Klimawandel a vum Verloscht vu Biodiversitéit kënnen meescheren.“ Dat kënnen mer awer nëmme mat eise Partner an Europa. Dofir brauche mer e staarkt Europa.



Mir brauchen dofir awer och eng ambitionéiert Politik zu Lëtzebuerg. An dat kënnen mer och nëmme fäerdegbréngen, wa mer an där ganzer Diskussioun ëm Klima a Verloscht vu Biodiversitéit dat och emol als eng Opportunitéit duerstellen.

Et kann een a mengen Aen déi Course do net gewannen, wann een d'Leit culpabiliséiert, wann een ëmmer nëmmen en negativen Discours huet. Et muss een dat hei wierklech och als eng Opportunitéit gesi fir d'Ekonomie, well och d'Ekonomie muss ee mathuelen. Ech sinn och der Meinung, dass een déi Challenges do nëmmen ka reusséieren, wann ee jiddweree mat u Bord hält, wann een dat zesumme mécht, an och zesumme mat den Entreprises, déi natierlech och scho souwisou um Wee si vun där Dekarbonisatioun. Dat muss mer weider ënnerstëtzen an do si mer och amgang, dat ze maachen.

Ech kann et natierlech och net dat stoe loosson an déi Meinungen deelen, déi soen, dass mer eis do net an der Ekonomie opstellen, dass mer net genuch Diversifikatioun maachen, dass mer net genuch Efforte maachen, fir Entreprises ze ënnerstëtzen, Startuppen, Entreprises, déi an d'Innovatioun ginn.

De Contraire ass wouer: Mir maachen dat mat Aiden. Mir maachen dat mat eiser Diversifikatiounspolitik an deene verschiddene Beräicher, déi mer dofir identifizéiert hunn. Engersäits ass dat d'Logistik, déi de Laurent Mosar ugeschwat huet. Och d'Logistik ass haut net méi mat engem Clark oder mat engem Camion just doruechter fueren. D'Logistik ass och Hightech ginn. Dat ass e Beräich, deen och staark digitaliséiert ginn ass, deen am Fong extreem spannend ass a wou wierklech och eng gutt Entwécklung stattfënnt.

Dat ass och Healthtech, dee ganze Beräich vun der Santé, och där digitaler Santé. Et ass vun engem Riedner gesot ginn, dass mer viru Kuerzem zu Erlange ware beim Medical Valley. Do ass effektiv eng gutt Kooperatioun, déi sech do ubaant. Ech hat dat och scho gëschter gesot, dat ass e Beräich, dee ganz vill Potenzial huet a wou mer eis och ganz staark nach wëllen dra weiterentwéckelen. Da gëtt et de Beräich vun de Cleantech – dat ass alles, wat gréng Technologie sinn, Ëmwelttechnologien –, dee sech och gutt entwéckelt.

Mir wëssen, dass d'Industrie ëmmer méi staark digitaliséiert gëtt, ëmmer méi staark automatiséiert gëtt. Industrie 4.0 ass eppes, wat sech och rasant weiterentwéckelt. De Beräich vun der Digitaliséierung, ICT, ass souwisou en transversale Beräich, deen och all déi aner Sparten an all déi aner Secteure vun der Ekonomie mat wäert changéieren. Net méi de „Space Mining“, mee de „Space Resources“-Beräich ass och e ganz dynamesche Beräich mat enger gudder Entwécklung. Doriwwer eraus hu mer och nei Strategien: „Ons Wirtschaft vu muer“, wou mer wierklech eng digital Datwirtschaft opgezechent hu mam Horizont 2025. D'Économie circulaire, d'Économie du partage, alles dat si Saachen, déi mer elo scho maachen an déi mer an deenen nächste Joren nach méi wäerte gesi wuessen.

Dann ass et natierlech ganz vill Hightech, mee et ass awer och Lowtech. Dee ganze Beräich vum Handwerk, dee mäi Kolleg Lex Delles an de Classe-moyenné wederbréngt, wäert och ëmmer méi wichteg ginn, well mir gesinn, dass méi wäert recycléiert ginn, méi wäert reparéiert ginn. Dat heescht, den Artisanat, d'Handwerk wäert och ganz staark u Wichtegkeet derbäigewannen.

Här President, ech mengen, dass dee Constat, deen de Laurent Mosar gemaach huet a senger Interventioun, wou e seet, dass mer engersäits eng Deglobaliséierung gesinn, dass mer eng Welt kréien, wou erëm Saache méi regional wäerte gemaach ginn, produzéiert ginn, dass dat eng richteg Analys ass. Mir gesinn dat an

Europa. Dat war schonn de Fall e bëssen als Reaktioun op d'Pandemie, dass am Fong déi Autonomie stratégique ouverte vun Europa eppes ass, wat ganz staark weidergedriwwen gëtt. Mir hunn erkannt, dass mer eis mussen reindustrialiséieren, oder reindustrialiséieren a verschiddene Beräicher, wou mer keng Produktioun méi hunn: Santéproduite sinn ee Beispill, Pharma-produiten, awer natierlech och Semi-conducteurs. Batterie fir Elektroautoen ass jo eppes, wat scho länger Zäit amgang ass.

Jo, dat maache mer net zu Lëtzebuerg, mee mir kënnen awer Dealer dovunner maachen oder mir kënnen deenen Industrien och zouschaffen. An ech mengen och, dass déi ganz regional Produktioun an enger ganzer Partie vu Beräicher – wéi an der Alimentatioun, d'Landwirtschaft ass ugeschwat ginn – natierlech komplett Sënn mécht, wa mer an der Dekarboniséierung an an enger méi ëmweltfrëndlecher Produktioun wëlle weiderkommen. Dat ass effektiv e Megatrend, dee mer gesinn an deen, mengen ech, och positiv ass, an deen nach eng Kéier och elo vun deem Krich acceleréiert ginn ass.

Wat och acceleréiert ginn ass, dat ass effektiv déi Transformation écologique. Mir hunn erkannt, op eng schmerzhaft Aart a Weis, wéi ofhängeg mer si vu fossilen Energien aus Länner, déi ganz contestabel Regime sinn, an dat wäert dozou bäidroen, dass – an do sinn ech iwwerzeegt dovunner – déi ekologesch Transformatioun sech wäert acceleréieren. Et ass natierlech eng positiv Begleiterscheinung vun engem ganz schreckleche Krich.

Och d'EU ass zesummegeréckelt an dëser Zäit, jo, ech mengen, och dat ass richtig. Dat hu mer scho mam Covid gesinn. Déi 750 Milliarde mutualiséiert Dettos, déi geholl gi sinn, fir d'Relance ze maachen, fir Next-Gen-EU ze maachen, sinn och fir mech e positive Phenomeen!

Mir müssen als Europa, wa mer wëllen dat Europa bauen, wat mer gären hätten – méi e sozial gerecht, méi en ekologesch Europa –, dat zesumme maachen iwwer Projeten, déi grenziwwergräifend sinn, iwwer Projeten, wou mer an Infrastrukturen investéiere wéi, jo, zum Beispill schnell Zich, déi erwänt gi sinn, awer och an aner Infrastrukturen, déi mer brauchen, fir eng dekarbonéiert a méi sozial gerecht Regioun hei an Europa ze bauen. An doriwwer eraus muss mer och probéieren, dat global vill méi op den Agenda ze bréngen.

Ech kucken also och optimistesches an d'Zukunft. Ech mengen, et gëtt net einfach. Et si ganz vill Defien, déi mer gesinn, mee ech sinn awer der Meinung, dass mer, wa mer alleguerten do un engem Strang zéien a wa mer déi Politik verfollegen, déi am Beräich vun der Ekonomie, déi Diversifizéierungspolitik, awer och de strateegeschen Outlook, dee mer amgang sinn opzesetze mat „Luxembourg Stratégie“, wou mer probéieren ze verstoen, wat déi grouss Trende sinn a wat déi heesche fir eis Ekonomie, dass mer do gutt opgestallt si fir d'Zukunft.

Voilà! Ech soen Iech nach eng Kéier Merci fir dee gudden Debat an och Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. Da Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, villmools merci. Ech waarde vläicht eng Sekonn, bis den Här Minister op der Plaz ass. Jo, ech wollt just reagéieren. Ech mengen, dass den Här Minister och seng Ried benotzt, fir e bësse Politik ze maachen, dat ass ganz an der Rei.

*(Brouhaha et interruptions diverses)*

Ech mengen, esou sinn d'Reegelen nun emol. Mee et ass een Aspekt, wou ech awer wierklech muss staark widdersprieche, an dat ass, wou en der ADR ënnerstellt, dass mir eng Nostalgie hätte fir eng Pre-Euro-Zäit. Dat ass natierlech just de Contraire vun deem, wat mir hei gesot hunn!

Ech hunn de Moie gesot, mir brauchen den Euro. Mir wëllen den Euro verdeedegen. Eis Finanzplaz ass ofhängeg vum Euro a fir e kënnen ze halen, müssen déi Stabilitéitskriterien gëllen, well soss a verschiddene Länner eng Resistenz géint den Euro kënn, déi en a Gefor bréngt. Eng Reform vum Euro ass néideg, awer fir en ze retten an Zäiten, déi op eis duerkommen, an net de Contraire. Ech wëll dat nach eng Kéier kloerstellen, well ech mengen, et kann een natierlech politesche Géigner Saachen ënnerstellen, awer et dierf ee sech awer net vun der Wourecht esou wäit ewechbeweegen, dass een 180 Grad de Contraire vun deem behaupt, wat d'ADR hei vertritt. An d'ADR huet eng Pro-Euro-Politik! Mir wëllen en ofsécheren a mir hu keng Nostalgie, och wann ech selwer nach gär a Frange rechnen an a Frangen denken. Dat ass ganz schéin, awer eis Währung ass den Euro a mir wëlle se protegéieren.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. Da ginn ech d'Wuert zréck un den Här Wirtschaftsminister.

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** | Jo, merci. Also bon, dass ee Politik mécht – ech sinn och Politiker –, dat schéngt mer dans l'ordre des choses.

**Une voix** | Très bien!

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** | Här Kartheiser, Dir hutt geschwat vun engem Problem vu Manque de discipline an der Geldpolitik. Dir hutt geschwat vun engem Euro, deen en fait bedrot wär vu marode Finanzen an de Südlänner vun Europa; déi wäerten dat dann och appreciéieren.

Dat ass den Discours vun deene Leit, déi an Däitschland beim Bundesverfassungsgericht kloer maache géint den Euro, fir den Euro en fait futti ze maachen. Dat ass dat Eenzege, wat ech constatéieren, an Dir sidd voll an deem Discours. Dat si Leit, déi net gären hätten, dass Europa effektiv gemeinsam Schold ophëlt, fir seng grouss Projeten ze finanzéieren, fir weiderzekommen, fir effektiv och Solidaritéit mat deene Länner ze weisen, déi e bësse manner entwéckelt si wéi vläicht déi am Norden, obwuel ech mengen, dass och dat e ganz nuancéiert Bild ass, wann een a Südeuropa ënnerwee ass. Ech géif Iech do emol invitéieren, heiansdo mat an Afrika ze kommen.

Mee ech mengen, dat ass en Discours, deen net konform ass zu enger ambitiöser Europapolitik. An Dir sidd voll do dran. Ech mengen net, dass Europa esou weiderkënn. Den Euro ass eng staark Währung, déi natierlech och komplett verteidegt gëtt vun enger Europäescher Zentralbank. Dofir: Je persiste et je signe.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Wirtschaftsminister. Da freet den Här Kartheiser nach eng Kéier d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, et ass schued, dass den Här Minister elo do „persiste“ a „signe“ seet, well en huet do e puer Saache gesot, op déi ech alt erëm eng Kéier wëll reagéieren, fir all falschen Androck ze verhënnern. Ech këmmere mech net drëm, wien an Däitschland virun d'Bundesverfassungsgericht geet. Dat si Saachen an engem anere Land, déi ech hei net wëll kommentéieren, well et mech prinzipiell näischt ugeet.

Wa mer awer hei am Land déi Méiglecheet hätten, fir virun d'Vefassungsgericht ze goen, wéi mir et wollten a wëllen als ADR am Kader vun der Verfassungsreform, dann hätt ech et hei vläicht gemaach. Well mir stinn zu de Verträge! An déi gemeinsam Verschëldung ass e Verstooss géint – auswenneg weess ech et elo net méi sécher –, mengen ech, den Artikel 311 vum Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne. D'Madamm Backes erënnert sech vläicht méi prezis dorunner, well si jo och laang do geschafft huet. Mee et ass e Verstooss géint d'Traitéen. An déi éischt Konditioun, fir kënne laangfristeg d'Stabilitéit vum Euro ze garantéieren, ass, dass déi Normen, déi mer vertraglech festgeluecht hunn, respektéiert ginn, an zwar vun all Memberstaat vun der Eurozon. Do ass den Defizit!

A wann Dir elo sot, mir bréngen Europa virun, andeem mer d'Traitée verletzen, jo, da si mer net méi an enger Rechtsstaatlecheet! Also mir soe jo zum Euro, mir soe jo zum Anhale vun alle Reegelen. A mir wëssen, an déi Länner am Süde wëssen och, dass se sech keng méi héich Zënslascht kënne erlaben, well se soss a Problemer kommen, well hir Verschëldung vill ze héich sinn.

A wann eng Partei wéi d'LSAP hei nach laang an der Regierung ass, komme mir a genau déi selwecht Situation. Dofir hätt ech gär, dass bei den nächste Wale d'LSAP aus der Regierung erausflitt, well dann hu mer vläicht eng Chance, fir eng gesond Finanzpolitik an dësem Land nees opzebauen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Gottseidank decidéiert Dir dat net, mee de Wieler!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. Ech mengen, d'Diskussioun ass domadder ofgeschloss.

**Une voix** | Dat ass eng gutt Iddi.

### 3. Motion de M. Claude Wiseler relative au soutien de l'Ukraine face aux attaques de la Russie

*(Motion déposée en séance publique n° 48 du 27 avril 2022 – à consulter au compte rendu n° 16/2021-2022 en page 48)*

**M. Fernand Etgen, Président** | A mir kënne zum nächste Punkt vum Ordre du jour kommen.

**Une autre voix** | Gutt geschwat, Här Präsident.

**M. Fernand Etgen, Président** | Dat ass d'Motioun vum Här Claude Wiseler iwwert d'Ennerstëtzung vun der Ukrain géintwärtig de russeschen Attacken. An ech géif direkt d'Wuert un den Auteur vun der Motioun ginn, den Här Claude Wiseler.

#### Exposé

**M. Claude Wiseler (CSV)**, auteur | Merci, Här Président. Ech hunn d'Motioun ganz kuerz schonn erkläert gehat. Ech soen elo nach e puer Wuert driwwer, well et a mengen Aen an och fir eis Fraktioun eng extreem wichteg Motioun ass.

Mir sinn Dag fir Dag konfrontéiert mat engem Krich, deem Doudeger mécht, dee Leit leiden deet, wou Vergewaltunge stattfannen, wou d'Leit flüchten, wa se iwwerhaupt d'Méiglecheet hunn ze flüchten, wou hinne alles geholl gëtt, hir Haiser, hir Saachen, hir Familien. Wann een déi Biller kuckt, ass et schrecklech.

A wat eis an dësem Moment gestéiert huet, dat ass, dass een d'Impressioun huet, dass mer eis un déi Saache gewinnen – kuckt d'Noriichten, dat war virun engem Mount ëmmer deem éischte Sujet, elo si mer scho beim zweeten, drëtten, wann iwwerhaupt nach driwwer geschwat gëtt – an datt mir an och aner Länner eis en fin

de compte der Hoffnung higin, dass dat alles iergendzwoosch eng Kéier géif laanscht eis goen, dass mer net méi aus eiser Komfortzon bräichten erauszugeen, well mer jo d'Chance hätten, dass et anerer wären, déi concernéiert wären, a mir net.

A mir sinn als Fraktioun intim iwwerzeegt, dass dat net esou ass, well et net just e Krich ass, deen an der Ukrain geschitt, mee well den Här Putin a Russland e System ugegraff huet, deen em géint de Stréch geet, deen en net kann erlaben. Well wann d'Ukrain als Demokratie an als fräie Staat Succès hätt, wär domat bewisen, dass säi System näischt daacht, an dofir d'äerf d'Ukrain net weider existéieren. An dofir ass domat an eisen Aen och de Westen ugegraff.

Mir sinn absolutt voll a fest iwwerzeegt, dass, wa Russland, wann den Här Putin dëse Krich an der Ukrain gewënnt, dass en dann net ophält – net ophält! –, dass et da weidergeet ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)**, auteur | ... a Moldawien, an de baltische Länner, wou och ëmmer, och op anere Plaze vun der Welt, wou ee kann Demokratien, wou ee kann déi westlech Wäerter a Fro stellen. An dofir kann et net sinn, dass en dee Krich gewënnt.

Dofir soe mir, dass et eis Responsabilitéit ass, den Ukrainer ze hëllefen – well si fir de Westen hiert Liewen asetzen –, iwwerall do ze hëllefen, wou mer kënne hëllefen. Si kämpfen dee Krich fir eis!

Mir waren extreem frou als Fraktioun, wéi am Europaparlament déi Motioun gestëmmt ginn ass, déi relativ kloer Wieder schwätzt, mat alle Parteien, inklusiv – ech hunn dat scho gesot – deene sechs europäeschen Deputéierten, déi aus Lëtzebuerg kommen, alleguer zesummen, gemeinsam an d'ailleurs och vu sämtleche Parteien am Europaparlament.

Well déi Motioun freet dat, wat an eisen Ae richtig ass: dass ee sämtlech Waffen, déi een nëmme kann an d'Ukrain liwweren, soll liwweren, fir de Leit ze hëllefen, dass een en humanitäre Couloir soll maachen, dass ee soll kucken, dass och d'Ukrain ënnerstëtzt gëtt an hirer Volontéit, fir EU-Member ze ginn. Mir wëssen, dass dat net haut ka geschéien, do sinn nach ganz vill Etappen, mee dass se esou schnell wéi méiglech Kandidat ka ginn an dann duerch all déi prozedural Etappen geet. Si ass nach wäit ewech, ganz wäit ewech dovunner, mee trotzdem sollte mer déi Perspektiv opmaachen.

Och dass d'Sanktiounen sollen uerdentlech ëmgesat ginn, déi d'ailleurs a mengen Aen, Här Kartheiser, absolutt effikass sinn! Do wëll ech mech total an de Widdersproch stelle vun deem, wat Der de Moie gesot hutt. A mir sinn och der Meinung als CSV, dass nei Sanktiounen, déi sollten d'nächst Woch kommen, absolutt sollen ënnerstëtzt ginn, wa se dann zur Effikasitéit bäidroen.

A mir sinn och der Meinung, an dat ass warscheinlech de Punkt, deen duerno Diskussiounen gëtt, dass en totalen Embargo elo direkt vu Pétrol – dee soll jo kommen –, Kuelen, nukleare Brennstoffe a Gas an eisen Aen eng Noutwendegkeet ass, well et net méiglech ass, 600 Milliounen den Dag un déi russesch Krichsmaschinn ze ginn. Dat ass net nëmme eng moralesch, et ass och eng ekonomesch Pflicht an eisen Aen!

Mir sinn och der Meinung, dass ee soll d'Efforte maachen, déi musse gemaach ginn, fir déi Diversifikatioun vun eisen Energiereserven, och Diversifikatioun vun eisen Energieressourcen respektiv déi Independenz souwäit wéi méiglech an esou schnell wéi méiglech ze drécken. A mir sinn der Meinung, dass Krichsverbrieche respektiv Leit, déi Verbrieche géint d'Mënscheit gemaach hunn, virun en Tribunal solle kommen, fir do jugéiert ze ginn no deene Rechter, déi mer 100%eg ënnerschreien.

Mir hu gemengt, dass déi Motioun, esou wéi mer se hei deposéiert hunn, an déi, ech soen dat, ganz staark un déi aus dem Europaparlament ugeleent ass, sech un hir inspiréiert huet an deelweis wuertwärtlech hiren Text zrëckgeholl huet, net well mer net wollten eng nei schreien, mee well mer gemengt hunn, dass vill Leit sech mat deem Text kéinten identifizéieren ... Well e schonn am Europaparlament esou gestëmmt gi war, hu mer en esou erabuecht a mir hoffen, dass och hei am Haus vill Parteien dat kënne ënnerstëtzen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Wiseler.

Wie wëllt d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? D'Madamm Nathalie Oberweis.

#### Discussion générale

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Jo, merci, Här Präsident. Och merci dem Claude Wiseler an der CSV fir dës Motioun. Ech misst an e puer Wieder reagéieren, well et jo ganz vill verschidde Punkte sinn.

Op deem éischte Punkt: Dir wësst, mir gesinn d'Waffeliwwerunge kritesch. Mir gesinn do e Risiko, dass dëse Krich eskaléiert, dass dëse Krich och onendlech gëtt respektiv wierklech sech an d'Längt zitt. Mir gesinn och hei, an dat ass warscheinlech fir eis, soe mer mol, dee gréisste Manktum an dëser Motioun, dass keen Hiweis oder keen Invite do ass fir Friddensverhandlungen, fir diplomatesch Léisungen. Mir gesi guer keen Hiweis dorobber an dëser Motioun. An dat feelt eis wierklech ganz staark an dëser Motioun.

Dat ass den éischte Punkt: Mir mengen, dass Europa wierklech muss méi op de Friden awierken a manner op de Krich awierken, wéi et eigentlech mam éischten Invite u sech dosteet.

Mam zweete Punkt, mam Couloir humanitaire, si mer absolutt averstanen. D'Demande d'adésion fir d'Europäesch Union, do si mer eigentlech och averstanen, mee do d'äerf ee sech awer och keng Illusiounen maachen. Och dat zitt sech an d'Längt. Mat de Sanktiounen si mer gréisstendeels averstanen. Mir gesinn dat awer och relativ kritesch. Mir mengen awer och, dass Lëtzebuerg do eng spezifesch Roll huet an ënnerstëtzen awer och dat éischter positiv.

Wat den Embargo ugeet, muss een awer och soen, dass mer säit Joren drop hiweisen, dass mer eis also mussen onofhängeg maache vun de fossilen Energien. Dat ass eigentlech eng Konstant, dat ass an deem Sënn net nei. Et d'äerf ee sech awer och keng Illusiounen maachen, dass, wann esou en Embargo en place wier, doduercher de Putin dëse Krich direkt géif ophalen, well en awer och sécherlech schonn Alternative prett huet. An et muss een awer och do d'Gefor vun enger Rezessioun an Europa gesinn, wann esou en Embargo wier, dass awer och erëm eng Kéier duerch eng gewësse Rezessioun, déi kéint kommen, déi ekonomesch schwaach Stéit a Leit am Endeffekt déi wieren, déi dorënner géife leiden.

Mat deenen zwee leschte Punkte si mer eigentlech éischter averstanen, dat heescht mat der Diversifikatioun natierlech. Mam leschte Punkt, dass eeben Enquête géint Krichsverbrieche gemaach ginn, si mir och ganz kloer absolutt averstanen. Mee och do menge mir, dass dat och misst weltwäit gëllen an net just an deem heite Fall. Also och do si mir averstanen.

Wann ech awer elo déi verschidde Punkte muss ofweien, muss ech Iech éierlech soen, dass, vu dass deem éischten Invite, mengen ech, deen ass, dee predominant ass an der Äntwert op dëse Krich a mir déi Saach wierklech ganz kritesch gesi mat der wierklecher Gefor vun der Eskalatioun a mam Bléck an d'Laangzäit,



wou ech gesinn, dass hei de Court-termisme, déi Kuerzääsicht, wierklech predominéiert, mir awer eng aner Siicht hunn a warscheinlech éischter wäerte géint dës Motioune stëmmen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An dann hat den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, et wär jo schéin, wa mer déi Motioune hei net brächten. Et wär schéin, wann de Konflikt u sech mat deene Sanktiounspäck, déi mer déi lescht Wochen a Méint op europäeschem Niveau beschloss hunn, zum Auslafmodell deklaréiert kéint ginn. Mee et ass ze constatéieren, dass dat net oder nach net dat gewéinstent Zil erreecht huet.

Nach ëmmer bréngen all Nuecht Fraen a Bunkere Kanner op d'Welt. All Owend gëtt et Naissancen an där grujelegster Situatioun, déi ee sech u sech virstelle kann. An dat e puer Honnert Kilometer vu Lëtzebuerg ewech. Jo natierlech, dës Krich ass méi no bei eis, betrëfft Leit, déi ausgesi wéi mir, déi änlech gleewen, änlech feiere wéi mir. An duerfir geet en eis méi no wéi Konflikter am Jemen, am Afghanistan oder soss op der Welt.

Mee dat gëtt eis net de Fräifaartschäin, fir den Ukrainer d'Recht ofzeschwätzen, sech ze verteidigen. A wien haut fuerdert, dass mer keen Embargo géint russesch Gas-, Pétrols- oder Nuklearimporter maachen, deen desolidariséiert sech mat enger ganzer Populatioun, net méi, net manner.

Déi Motioune hei haut net ze stëmmen, onofhängeg dovun, ob ee mat den Detailer vun der Ëmsetzung averstanen ass, mengen ech, wär en Akt vun der Desolidarisatioun an et ass eng bal moralesch Verflüchtung fir auszedrücken, dass et och Europa, och d'Europäer, och d'Lëtzebuurger eppes kaschten dierf, wann et drëm geet, Liewen an der Ukrain ze retten. Sech dohannert ze verstoppen, dass et eng Inconnu gëtt, wat geschitt, wa mer dat doten ëmsetzen, dat geet mer net wäit genuch.

Wie mengt, Russland mussen an d'Kaarten ze spillen, andeem mer weider Gas, Pétrol oder nukleare Brennes do kafen, deen huet d'Gravitéit vun der Situatioun net verstanen. A mir mussen alles drusetzen a mir mussen den Ukrainer all Moyene ginn. Ech begreissen all Initiativ vun der Regierung, fir Waffen an d'Ukrain ze liwweren, well ech der fester Iwwerzeegung sinn, dass et net ka sinn, dass mer nokucken, wéi Ukrainer ofgemetzelt ginn.

Dofir: Mir wäerten déi Motioune hei matënnerstëtzen, an dat net nëmme aus Iwwerzeegung, mee mat ganzem Häerzen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Dann huet den Här Kartheiser d'Wuert gefrot.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President. Entschëllegt, ech maache mer d'Pult e bësse méi héich.

Et wär vill ze soen. Dat éischt, wat ech vläicht wëllt soen – well ech profitéieren, dass den Här Staatsminister do ass –, dat ass, fir him ze soen, dass ech him Merci soen, dass en de Kontakt mat de russeschen Autoritéite weider gesicht huet. Ech halen dat fir e richteg Reflex. Den Här Staatsminister ass vill dofir kritiséiert ginn. Ech muss soen, dass ass richteg. Zemoools a Krisenzäite muss ee probéieren, mat de Géigner a Kontakt ze bleiwen, Géigner oder eebe wichteg Autoritéiten, déi an engem Konflikt eng Roll ze spillen hunn, wéi et natierlech beim Här President Putin de Fall ass. An et ass richteg, de Wee vun der Diplomatie a vum Dialog ze sichen.

Ech wonnere mech iwwer zwou Parteien heibannen. Ech erënnere mech: D'Piraten haten hei viru Kuerzem gesot, all Waff, déi net an den Hänn vun der Polizei wär, wär eng Waff ze vill. Haut fuerdere se Waffeliwwerungen an d'Ukrain. déi gréng haten an hirem Walprogramm 2019 – ech hunn dat erausgesicht, well et esou schéin ass, wann ee bei deene Gréngen notament ka Saachen nosichen – geschriwwen: „Rüstungsexporte in Kriegs- und Krisengebiete müssen gestoppt werden.“ Ech weess net, ob den Här Bausch et gelies hat. „Um dies zu erreichen, brauchen wir eine effektive gemeinsame Rüstungsexportkontrolle in der EU.“ Dat ass de Walprogramm vun deene Gréngen.

*(Interruption par Mme Stéphanie Empain)*

A Wierklechkeet maache se elo Waffeliwwerungen. Mir si komplett op der Säit vun deenen, déi de Fridde wëllen. A wann den Här Wiseler hei seet zum Beispill, dass Krichsverbrieche mussen verfollegt ginn, dass do mussen Enquêtë gemaach ginn, dass déi Leit mussen viru Gericht kommen a bestrooft ginn, souwäit et eebe méiglech ass an der Praxis, si mir komplett op där Säit.

Mee mir sinn awer Realisten. A mir sinn net bereet, an ech soen dat hei ganz kloer, en totalen Embargo elo op Energie ze dekretéieren. Dat sinn dach alles huel Wieder. Wësst Dir, wat 3 % – an dat ass dat, wat hei an der Motioune steet: 3 % Rezessioun, dass ass dat, wat mer da géifen a Kaf huelen – géife fir d'Leit hei am Land, fir de Chômage, fir d'Wunnen, fir alles géife bedeuten? Elo ass et net méi kal, mee den nächste Wanter kënn bestëmmt.

Wann een esou Saache mécht, da muss een eng Alternativ hunn. Mir hunn déi Alternativ nach net. A virun allem: Et wirkt net, well Russland aner Méiglechkeeten huet, fir sech finanziell iwwer Waasser ze halen.

Den Här Wiseler hat och gesot: „Jo, mir bezuelen esou vill Honnerte vu Milliounen an domadder gëtt déi russesch Krichsmaschinnerie um Lafe gehalen.“ Dat ass net falsch. Dat ass natierlech e groussen Deel vum russeschen Akommes. Mee och ëmgekéiert: Ech mengen, Russland bezilt Redevancen un d'Ukrain fir de Passage vu Gas iwwer déi Pipelinen, déi duerch d'Ukrain lafen. A mir kënnen och soen: Soulaang déi Gastransporter fléissen, bezilt Russland déi ukrainesch Arméi, an zwar zu 2 Milliarden Dollar, wat méi héich ass wéi déi Hëllef, déi d'Europäesch Unieoun oder d'USA bis elo bezuelt hunn.

Wësst Der, déi Situatioun si komplex. A wat eise Wonsch ass an eis kloer Determinatioun, dass ass, fir de Fridde ze wirken an der Ukrain. An ech géif dofir och soen: Loosst eis dach kucken, wat wierklech lass ass.

Wou ware mir dann? Wou waren déi Resolutionen, wéi d'Minsk-Accorden net ëmgasat goufen an deene leschte Joren? Hu mer eis do schonn interesséiert fir d'Problemer an där Region? Wou ware mer dann, wéi mer hei geschwat haten iwwer déi Konsequenze vum europäeschen Associatiounsvertrag mat der Ukrain, wou mer deemools nach diskutéiert haten iwwer d'Konsequenze fir d'Ekonomie am Donbass? Wou ware mer dann?

Wou ware mer déi lescht Joren, wéi d'Problemer komm sinn? A loosst eis dach och realistesch sinn. Natierlech: Russland ass haut keng Demokratie méi. Et gouf eng Zäit, do war et vill méi fräi. Haut ass et vill méi autoritär. Leider! Mee d'Ukrain ass och keng Demokratie.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech géif soen, et ass eng Demokratie, si hu fräi Walen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech hunn a leschter Zäit nach nogelies, wéi ...

*(Interruption par la présidence)*

... – kuckt Iech se un, d'Rapporte vu Human Rights Watch a vun Amnesty International a vun der OSZE – ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Och vun Ärem Kolleege, dem Putin!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... an deene leschte Joren d'Situatioun an der Ukrain ass.

*(Interruption par la présidence)*

Och dat ass keng Demokratie. An dofir soen ech, déi kämpfen net onbedéngt fir eis Wäerter. Mir si fir de Fridde a mir wäerten eis konsequent dofir asetzen!

Merci.

*(Brouhaha)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | A just fir de Putin a fir soss keen!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Es sprach der russische Botschafter.

**M. Fernand Etgen**, Président | Dann huet de Premier- a Staatsminister Xavier Bettel d'Wuert gefrot.

*Prise de position du Gouvernement*

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt merci, dass mer de Sujet hei an der Chamber och kënnen abordéieren. Mee ech mengen, et huet keen, esou wéi hei gesot ginn ass, d'Gefill oder d'Impressioun, ... oder a senger politescher Aktioun d'Ukrain vergiess. Et steet bei eis alleguerten op der Dagesuerdnung an et gëtt kee Regierungsrat, an deem mer net iwwer d'Ukrain zesummen diskutéieren.

Dat, wat den Här Kartheiser elo just gesot huet, ... jo, Dialog ass ëmmer wichteg. Ech muss Iech awer soen, dass ech déi lescht Wochen net méi Kontakt opgehooll hu mat Russland, well fir mech dat, wat elo geschitt ass déi lescht Wochen, och wäit iwwer dat geet, wat geschitt war, wéi ech déi éischt Kontakter mam President Putin hat. An ech hunn dat op Demande vum President Selenskyj gemaach, wou ech allkéiers virun e Gespräch mam Här Selenskyj hat, duerno mam Här Putin an duerno nees eng Kéier mam Här Selenskyj. Fir mech war et wichteg. Et ass schued, dass se net direkt matenee schwätze konnten. Et war eent vun den Haaptziler, dass déi zwee zesumme komme fir ze kucken, eng Lösung ze fannen.

Wat ech hei ëmmer wichteg fonnt hunn, Här President, an dat déi lescht – ech sinn elo bal 23 Joer an dësem Haus – 23 Joer, ass, dass mer et bei deenen internationale Froen, wou Konflikter waren, ëmmer fäerdegbruecht hunn, zesummenhalen, ëmmer fäerdegbruecht hunn, net Politique politicienne op deem dote Punkt ze maachen.

An där Motioune vun der CSV, do sinn och ganz vill Punkten dran, déi mer alleguerten als Majoritéit hei, an erlaabt mer ze soen, als Regierung kënnen deelen, ob dat ass déi militäresch Hëllef, ob dat ass vun der Mise en place vun den humanitäre Couloiren, humanitär Hëllef, integral an effikass Mise en oeuvre vun de Sanktiounen op EU-Niveau, wou mer als Lëtzebuerg ëmmer matgemaach hunn, Diversifikatioun vun onsen Energiequellen, Investissementer an erneierbar Energien an Energieeffizienz souwéi och Ënnerstëtzung vun nationalen an internationale Juridictionen, déi an hiren Enquêtë vis-à-vis vu Krichsverbrieche hir Aarbecht solle maachen.

D'Motioun vun der CSV schwätzt och vun enger Kandidatur, vun enger Adhesioun zu der EU vun der Ukrain. Ech wëll Iech just soen: Macht net de Feeler, dass Der Moldawien a Georgien och vergiess! Dir gesitt, wat haut an Transnistrien geschitt ass, wat geschter an

Transnistrien geschitt ass. Mir dierfen net op eng Kéier deenen dräi Länner soen: „D'Ukrain gëtt anescht ers behandelt bei der Kandidatur.“ Et geet jo ëm d'Kandidatur, et ass net, dass se Member ginn! Bei der Kandidatur, wannegilft, maacht net de politesche Feeler, dass een op eng Kéier géif Georgien a Moldawien och vergiessen.

Mir hunn och deen Octroi vum Kandidaturstatut ënnerstëtzt. Dir wësst, dass mer zu Versailles och Diskussiounen haten. An dee Sazdeel „sur la base de ses mérites“, mee do ass et ganz wichteg, wéi een en interpréiert. Firwat? Well d'Etikett vum Kandidat well net heeschen, dass eis op eng Kéier d'Kopenhagener Kritären egal sinn. Dat muss d'Épine dorsale bleiwen! Et kann net op eng Kéier gesot ginn: „Elo ass et eis egal, ob d'Krittären erfëllt gi vu Kopenhagen.“ Fir eis ass et wichteg, dass Friden, Rekonstruktioun, Rechtsstaat, Droits fondamentaux, all déi Säiten och gekuckt gi vun ukrainescher Säit, an awer och vun europäescher Säit gekuckt gëtt, ob et iwwerhaupt nach d'Absorptionscapacitéit gëtt. Dat sinn all déi Krittären, déi awer net onwichtig sinn.

An et soll een elo net d'Gefill ginn, wéi wann dat vun haut op muer géif goen. Dat ass e Prozess, deen dauert och seng Zäit, mee ech weess, dass déi Perspective européenne eppes ass, wat wichteg ass. A fir eis muss dee Krittär vu Kopenhagen d'Base fondamentale bleiwen. Mir kënnen net soen, dass mer déi ausser Kraaft setzen. A mir dierfen – wann ech mer och erlabe kann, dat ze soen – net vergiessen, dass mer aner Länner hunn, am Balkan, wou et am Moment eng Poudrière ass. Erlaabt mer, Iech ze soen, dass et eng Poudrière ass! Deenen op eng Kéier d'Gefill ginn: „Jo, mee bei Iech ass et jo méi roueg. Dowéinst, d'Kandidatur, déi dauert nach, déi dauert nach, déi dauert nach“ ... Dat heescht, et ass e ganz sensibelen Dossier, bei deem een net soll einfach soen: „Elo maache mer dat do a mir vergiesse Georgien a Moldawien, an de Balkan, dat ass dann eebe fir spéider.“

Mir hunn awer e Problem, Här President, mat dräi wierklech kruzialen Elementer. Éischtens, wéi Dir wësst, ass d'Positioun vun der Regierung zanter dem Ufank vun der Kris, dass mer all Sanktioun matdroen, mee dat och am Sënn vu Konsensus. An Dir wësst, Dir hutt Verschiddener, déi gi ganz wäit, a Verschiddener, déi wëllen iwwerhaupt näischt.

Dofir ass et wichteg, dass d'Embargoen op de Produiten an der Motioun och opgeléicht ginn, an do ass et wichteg, dass mer och eng Koordination hu mat eisen enkste Partner. Mir sollen och éierlech mat eis selwer sinn. Mir sollen elo net als Energieproduzent hei optrieden, wéi wa mir alles kéinte selwer decidieren. Mir sinn en plus tributaire vum Ausland fir d'Energie. Dat ass den éischte Punkt. Dat heescht, mir mussen eis mat eise Partner awer do och wierklech koordinieren. Mir musse mat deene schwätzen!

An déi Referenz op déi Koordination ass fir eis emol schonn eng éischt Conditio sine qua non, déi an dës Motioun misst drakommen.

Dann d'Opléschung vun de verschiddene Mesuren am Energieberäich, déi ze ënnerstëtze wieren. Nieft dem Embargo sinn nämlech eng ganz Rei vun anere Mesuren, déi kommen. Hei gëtt just vum Embargo geschwat. De belsche Premier huet eis zum Beispill déi vum Cap proposéiert, dat heescht, dass gesot gëtt, dass bis deen dote Präis kaf gëtt an iwwert deen dote Präis gëtt net méi kaf. Et sinn eng Retsch vu Pisten. Et sinn déi, et sinn der iwwert d'Gaspaierement, iwwert d'Rekonstruktioun, iwwert d'Comptes fiduciaires.

Dat heescht, et sinn eng Retsch vu Punkten an et wier traureg, wa Lëtzebuerg op de Conseil européen géif goen, an den Eck gedréckt fir ze soen: „A nee, mir si

just fir den Embargo. Dat anert kënne mir net mat diskutieren, well eis Chamber eis gesot huet, et geet just en Embargo a soss guer näischt!“

An dowéinst, do steet „en totalen an immediaten Embargo“ – wannegilft, maacht dat net! Den Här Wiseler souz selwer, Här President, an de Conseils européens. De Prinzip vun Negociatiounen ass, dass een zu 27 zesummen eens gëtt. Wa 27 Parlamenten der Regierungschef soen, ier se op Bréssel ginn: „Du kanns just dat do!“, da brauche mer kee Conseil européen méi.

**Une voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | De Prinzip ass, dass mer eis eenegen. Mir sinn eis eens, dass mer déi selwecht Finalitéit wëllen. Mir sinn eis eens, dass mer politesch alleguere wëlle manner vu Russland tributaire sinn. Verschiddener si vill méi tributaire wéi mir. Däers si mer eis och bewosst. Bulgarien a Pole kruten elo de Krunn zougedréint. Da gi se bei d'Noperen! Huet dat en Impakt op eis?

Dowéinst, wannegilft, ech weess, dass d'Vertrauen an d'Regierung op där enger Säit vun dëser Chamber méi grouss ass wéi op där anerer Säit – wat de Prinzip vun der Majoritéit a vun der Opposition ass –, mee mir hunn et ëmmer fäerdegbruecht, zu Bréssel eng Positioun ze verrieden, déi am Interêt ass vun engem gestärkten Europa, engem géeneegten Europa a wou och Lëtzebuerg sech erafennt. Dowéinst kënne mir, Här President, als Regierung wierklech nëmme recommandieren, dass een et mat där doter Conditio sine qua non vun engem Refus immédiat an direct vu russeschem Gas, ouni aner Alternative kënnen ze hunn, net unhuele kann. Oder dat géif an déi Richtung modifizéiert ginn, dann hätte mer awer nach Manöver. Oder mir ginn op Bréssel mat gefesselte Positiounen. An dat wier och net am Interêt vu Lëtzebuerg.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Premierminister. Da ginn ech d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Motioun, den Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler** (CSV), auteur | Merci, Här President. Ech wëll e puer Saachen dozou soen, well den Här Bettel dozou och Stellung geholl huet. Ech appreciëiere fir d'éischt, wéll ech soen, dass déi Gesprécher zwëschen Iech an dem Här Putin opgehalen hunn. Dir wësst, dass et der Meinung war, dass dat net opportun war, an ech si frou, dass et fäerdeg ass.

(Interruptions)

Soll ech méi haart schwätzen, héiert Der dann?

**M. Fernand Etgen**, Président | Voilà!

(Brouhaha)

**M. Claude Wiseler** (CSV), auteur | Et deet mer leed. Gutt. Mee den Här Bettel huet dat hei héieren, dat war elo mol dat Wichtigst als éischte Message eriwier.

Déi zweet Saach, dat ass, wat Der gesot hutt, richtegerweis, iwwert d'Adhesioun an d'EU. Déi Ausso, déi hei d'Europaparlament gemaach huet, déi mir just hei am Text iwwerholl hunn, stellt dat jo och net a Fro. Mir soen, dass een elo esou schnell wéi méiglech soll kucken, dass se an e Kandidatstatut kënnt, an da sinn all déi Kopenhagener Krittären – Demokratie, Antikorrupcioun, wat och ëmmer, mir kenne se alleguer – absolut noutwendeg, soss ass et kloer, dass net kann eng Adhesioun einfach esou gemaach ginn. Do deelen ech honnertprozenteg Är Meinung, inklusiv dem Krittär vun der Capacité d'absorption, déi Europa muss hunn.

Ech soen Iech awer just, dass an eisen Aen och nach en anere Krittär derbäikomm ass wéi dee vun der

Capacité d'absorption, dat ass dee vun der strateegescher Noutwendegkeet. An ech denken, dass awer d'Situatioun fir Europa, fir d'Europäesch Unioun geännert huet, dass déi strateegesch Noutwendegkeet vun dem Méi-no-Brénge vu Länner wéi d'Ukrain, mee awer och am Balkan, ëmmer an ëmmer méi offensichtlech gëtt, well mer gesinn, wéi d'russesche Autoritéiten an d'ailleurs och d'chinesesche Autoritéiten sech an esou Länner breetmaachen, an dass et zum absoluten Interêt vun Europa gehéiert, fir dat net zouzeloossen, well dat sinn europäesch Staaten a schlussendlech, laangfristeg spéitstens, gehéiere se zu eis. Dat ass déi éischt Remark.

Déi zweet Remark, dat ass: Natierlech sinn ech och der Meinung, dass nëmme am Sënn vun dem europäesche Konsensus ka gehandelt ginn. Ech weess och, mir wëssen och, kennen och d'Gréisst vu Lëtzebuerg. Mir wëssen, dass mer näischt eleng maachen, weeder an deene Sanktiounen, déi elo gemaach gi sinn, nach a Sanktiounen, déi nach kommen. An ech hunn a multiplexer Reprise och schonn am Numm vun eiser Partei an eiser Fraktioun gesot, dass mer d'Regierung ënnerstëtzen an deem Kurs, dee se hat, fir déi Sanktiounen, déi um europäeschen Niveau proposéiert ginn, guttzeheeschen. Do hutt Der eis voll hannert Iech!

Wat eis elo ënnerscheet an där Motioun, dass ass awer och nach e wichtige Punkt an eisen Aen. Dat ass a sech dee vun dem Boykott op den Energieressourcen. Mir hunn eis et och laang iwwerluecht, mee mir hunn awer och an deene ganzen Diskussiounen gemengt, dass dat e weesentleche Punkt ass, well all déi Suen, déi a Russland elo momentan all Dag fléissen, si fir eis ..., wéi gesot, dass dreift déi Krichsmaschinerie un op där enger Säit. Mee op där anerer Säit si mer och nach iwwerzeegt, dass et just mat dem Maximum un Zwang méiglech ass, Russland esou schnell wéi méiglech un de Verhandlungsdësch ze kréien, just mam Maximum un Zwang!

A wéi erkläre mer de Leit mat all deem, wat geschitt, dass mer net alles gemaach hunn, wat mer konnte maachen, fir déi Saach weiderzebréngen? Ech soen Iech ganz éierlech: Et stellt sech d'Fro. An natierlech kascht dat och eppes, natierlech si mir och als Lëtzebuerger an als Europäer dovunner direkt concernéiert an dat wäert Konsequenzen hunn. Mee mir hunn och déi Studie gelies, déi erauskomm sinn, déi awer soen, dass dat maachbar a packbar ass, net ouni Konsequenzen, mee awer maachbar.

An ech soen Iech: Mir si fundamental iwwerzeegt, dass d'Käschte vun engem hallefhäerzegen Handeln elo vill méi héich wäerte si wéi déi vun engem strikten a konsequenten Handeln an dësem Moment. An dofir si mer der Meinung, dass dat noutwendeg ass. Déi mënschlech an déi finanziell Konsequenze wäerte soss nach méi héich sinn, wéi se souwisou scho sinn.

An dann zulescht, an dann halen ech awer op: Dir hutt Recht, dass Lëtzebuerg dat net kann eleng decidieren. An ech wëll och net ... ech verstinn dat ganz gutt, wann Der sot, der Regierung dierfen net d'Hänn gebonne sinn an Dir musst och duerno aner Kompromisser kënnen akzeptieren, wa se op dem Dësch sinn. Ech ginn Iech do honnertprozenteg Recht. Ech weess ganz genau, wéi esou Negociatiounen do lafen.

Dat Eenzeg, wat mir gär hätten, dat ass, wann déi Diskussioun an dem EU-Rot ufänkt an Dir sëtzt do an Dir representéiert Lëtzebuerg, dass Der da sot: „Mir Lëtzebuerger, mir wären derfir, dass dat sollt gemaach ginn. Mir sinn der Meinung, dass esou e Boykott noutwendeg ass, elo an direkt. Dat ass eis Meinung als Lëtzebuerger.“

Sou. An da komme jo déi Negociatiounen. An dann hutt Dir nach ëmmer all Fräiheet, fir duerno ze kucken,



als Lëtzebuerg solidaresch mat aneren noutwendegen ... Mee datt Dir awer als Lëtzeburger eng Position ausgitt, wat mer gär hätten, schéngt mir awer eppes absolut Normales ze sinn, wann een an esou Negotiationen erageet. Dofir hu mer dat geschriwwen. An ech mengen, datt deen Text och net vill aneres freet.

A wann Der gär de Passage nach derbäi hätt, fir ze soen, datt dat alles just en coordination mat den europäesche Partner ka gemaach ginn, fannt Der do kee Problem bei eis.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Wiseler. De Premierminister Xavier Bettel.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, et gëtt zwou Alternativen. Oder, mir sinn eis jo eens – den Här Wiseler seet selwer, e géif eis kee Mandat impératif gäre ginn, mee mir sinn eis iwwer de Fong eens. Dat heescht, oder et hält een dee ... Dir hutt jo d'Wuert hei, dass mir net déi sinn, déi do iergendeppes wëlle blockéieren! Au contraire, mir kucken, wéi mer gemeinsam kënnen eng Léisung sichen – gemeinsam!

Ech wëll net op Bréissel goen, andeem ech soen: „Mäi Parlament huet mir gesot, ech muss fir den Embargo sinn.“ Wann ech duerno deen Eenzege sinn, dee fir den Embargo ass, dann hu mer och gutt geschafft!

Dofir, et ginn zwou Méiglechkeeten – ech weess, dass Der haut déi lescht Chamberssitzung hutt –: Entweder dee Paragraf gëtt gestrichen ... Ech weess, dass och Propositione kommen si vun der Majoritéit bei d'CSV, fir ze kucken, dass et och an déi Richtung geet, fir ze soen: Hei, mir ënnerstëtzen dat. Mee mir wiere frou, wann do net „immédiatement“ stéing, well hei steet „immédiat“, mee dass dat geschitt, wat de But och ass, dee mer hunn, dass et déi Versioun gëtt! Soss géif ech wierklech recommandéieren, fir se net unzehuelen. Oder si geet an d'Kommissioun an da gëtt se do nach eng Kéier diskutéiert an da kënnt se eng Kéier spéider erëm.

Mee ech géif et besser fannen, haut e staarkt Zeechen ze setzen, dass 60 Deputéierter heibanne soen: „Mir si solidaresch mat der Ukrain. Mir ënnerstëtzen d'Regierung, fir zu Bréissel weider dee Pak vu Sanktiounen mat ze ënnerstëtzen. A mir ginn hinnen d'Vertrauen, dass se bei der Fro vun der Energie, wou se sech engagéiert hunn, dass mer alles maachen, fir dass mer do e Konsensus fannen, dass déi Dependence vis-à-vis vu Russland reduzéiert gëtt, bis op null geet, solidaresch mat deenen anere Kollegen, déi sech dat net kënnen erlaben, dass se do de richtige Wee fannen, fir dass Russland net méi Europa als Cash-Maschinn huet bei der Energie.“

Dat ass dee Message, deen ech Iech haut ka ginn a wou mer zesumme wäerte kucken. An et ass den 30. Mee! Ech hunn net virum 30. Mee Conseil européen. Den 30. an 31. Mee hunn ech Conseil européen, a wann nei Sanktiounen wäerte geholl ginn, da wäert dat do decidéiert ginn, wann net virdru bei den Ausseministern, wat och eng Méiglechkeet ass. Mee op jidde Fall, dee Conseil européen, wou ech wäert higoen, wäert érischt Enn des Mounts sinn.

Mee ech géif et hei wierklech schued fannen, wann eng Motioun, déi mer alleguerten awer am Fong ënnerstëtze wëllen – alleguerten ënnerstëtze wëllen –, duerno géif ofgeleent ginn. Dat géif ech schued fannen. Ech géif et vill méi staark fannen, wann dës Chamber et fäerdegbréngt, déi Solidaritéit vis-à-vis vun der Ukrain haut ze ënnersträichen an awer, wéi gesot, der Regierung och dat Vertrauen ze schenke fir dat, wat mer och bis elo gemaach hunn, hei an déi

Richtung ze goen, déi d'Chamber eis och ginn huet, mee ouni ze soen: „C'est ça ou rien!“ – „Ça ou rien“ gëtt et net zu Bréissel, ausser et blockéiert een alles.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Premierminister. Da freet den Här Sven Clement d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Also ech sinn elo e bësse baff, wat de Premier der Motioun hei ënnerstellt, nämlech datt et en „dat oder näischt“ ass. Ech liesen déi éischt puer Wieder vun deem Invite, fir datt och d'Effentlechkeet sech wierklech e Bild dovu ka maachen. Ech weess, datt et ëmmer schwéier ass, am Stream an an de Videoen herno ze gesinn, wat tatsächlech am Text stoung. Et steet do: „à soutenir la mise en place d'un embargo total et immédiat“.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | „Immédiat“!

**M. Sven Clement** (Piraten) | „À soutenir“, dat heescht, wann een dat freet, sollt Lëtzebuerg esou ofstëmme, et ass awer keen imperatiivt Mandat. Bei allem Respekt, Här Premierminister, et ass keen imperatiivt Mandat, fir just op Basis dovunner verhandelen ze kënnen.

*(Brouhaha et interruptions)*

Ech sinn der Meenung, datt Lëtzebuerg soll mat enger staarker Position zu Bréissel starten an, vu datt et „à soutenir“ ass, a verbessert mech, dat heescht, datt mer esou eng Position vun anere Länner sollen ënnerstëtzen, wa se opgeworf gëtt. A wann et herno dann zu engem anere Kompromëss kënnt, gesinn ech näischt an där Motioun hei, wat dat net géif erméiglechen.

Dat gesot, mengen ech, datt ee sécherlech kann iwwer Wieder streiden, mee ech fäerte ganz, datt mer, egal wéi mer iwwer Wieder hei streiden, ausser mir schreiwen nach e Saz dran: „Mir applaudéieren dem Wladimir Putin fir seng Befreiung vun der Ukrain“, hei keng 60 Deputéiert kréien.

*(Brouhaha et exclamations)*

Nee, nee. Léif Majoritéit, loosst mech ...

*(Brouhaha générale, interruptions et coups de cloche de la présidence)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Moment! Ech weess net, firwat déi 31 doiwwer sech grad attackéiert fillen. Well ech mengen, déi Eenzeg, déi sech kéinten attackéiert fillen, wäeren déi véier um rietse Bord!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Dann huet den Här Yves Cruchten d'Wuert gefrot.

*(Interruption par M. Sven Clement)*

Den Här Yves Cruchten huet elo d'Wuert!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, ech ...

*(Interruptions diverses)*

**Une voix** | Den Här Cruchten huet d'Wuert!

**Une deuxième voix** | Loosst den Här Cruchten schwätzen!

**Une troisième voix** | Dat ass e staarkt Stéck!

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ech probéiere mäi Besch, fir dass sech d'Gemiddler alleguerte berouegen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Firwat fillt Dir Iech esou attackéiert, Här Baum?

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | An deem Sënn wollt ech och meng Interventioun maachen, fir iergendwéi eppes Konstruktives ze proposéieren, wou mer alleguerten dohannert stinn. Ech wëll fir d'alleréisch emol soen, an den Här Premierminister huet et och scho gesot: Ech mengen, heibanne misste mer eis alleguerten eens sinn, dass de Contenu vun dëser Motioun e wichtege ass. An et ass och e richtige Ament, fir deen ze bréngen.

An d'Ukrain an d'ukrainesch Vollek verdéngen all eis Ënnerstëtzung, all eis Hëllef, egal wéi mer hinne se ginn. An ech mengen och, dass et richtig ass, dass mer musse Russland politesch isoléieren, awer och ekonomesch isoléieren. Dat hu mer zum Deel gemaach a mir hunn et bis elo ëmmer gemaach zesummen an der Europäescher Unioun. Alleguerten déi Sanktiounen, déi geholl goufen, sinn zesummen an der Europäescher Unioun geholl ginn. Et huet kee Land eege Sanktiounen geholl, och mir net, an esou muss et och goe mat engem Embargo op dem Energieimport. Do si mer eis eigentlech och alleguerten heibannen eens, dass dee muss kommen.

Ech wëll just drun erënnere fir déi, déi dorunner zweifelen: D'Europäesch Unioun huet schonn en Embargo op der Kuel decidéiert. An elo muss selbstverständlech de Pétrol nokommen. An elo muss selbstverständlech och de Gas nokommen. Mee ech verstinn awer ganz gutt, dass mer hei – esou wéi de Premierminister et gesot huet – weeder him nach eisem Ausseminister elo scho kënnen Handschellen a Foussfesselen uleeën a se dann op Bréissel schécke fir ze soen: „Et deet eis leed, mee eist Lëtzeburger Parlament gëtt eis null Spillraum, null Sputt, fir iergendeppes mat Iech ze diskutéieren.“

Duerfir wär mäi ganz waarmen Appell un den Här Wiseler an och un d'CSV: Op eng Initiativ iwwregens vun der CSV an och vun der ADR wäerte mer de 17. Mee hei am Nomëtten eng Debatt féieren iwwert d'Ukrain an och alleguerten d'Konsequenze vum Krich an der Ukrain. Déi wäerte mer hei féieren an do wär et menger Meenung no gutt, wa mer genau eng Motioun wéi déi heite kéinten zesummen organiséieren, vläicht an der Kommissioun preparéieren, dass mer alleguerte kënnen dohannert stoen oder esou breet wéi méiglech kënnen do derhannert stoen. Dat wär mäi waarmen Appell un d'Kollege vun der CSV, dass se eis net doen déi Motioun haut hei ofstëmme, well mir musse se leider ofleenen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An da ginn ech nach eng Kéier d'Wuert zréck un den Auteur, den Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler** (CSV), auteur | Jo. Här Cruchten, ech huelen dat, wat Der sot, ganz seriö, muss ech soen. Mee op där anerer Säit, wësst Der, an dräi Wochen ... Kuckt, wat lass ass all Dag! Kuckt, wat lass ass all Dag!

*(Interruptions)*

An elo ze soen, an dräi Wochen, da schwätze mer nach eng Kéier driwwer an da kucke mer ... Sorry, mee ech fannen, datt et un eis ass, kloer an daitlech Saachen ze soen. An ech wëll soen, déi Saache do vun handfest ..., esou ass dat jo net! Dir wësst jo och, datt dat, wat mer hei soen, am Fong eng Position ass, déi Lëtzebuerg soll ausdrécken, a wéi all Position, mat där een op Bréissel geet, gëtt déi dann negociéiert an et kënnt hannendrun dann eng gemeinsam Position eraus. Datt Lëtzebuerg awer géif soen, wat seng staark Meenung wär, schéngt eis awer an dësem Moment, soen ech, absolut normal a richtig ze sinn!

Ech verstinn och net, datt am Fong en Text, deen am Europaparlament vun Ären eegene Parlamentarier schonn esou ofgestëmmt ginn ass, an inklusiv vun

eisen, datt deen elo keng Valeur méi sollt hunn – dee vun alle Parteien esou ofgestëmmt ginn ass. Et ass awer komesch, wann een dohannen eppes seet an hei eppes aneres seet. Ech halen drop, datt dësen Text haut gestëmmt gitt!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Wiseler. Da ginn ech d'Wuert un de Premierminister.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Ech bereie just. Ech soen och hei, wann ech et liesen, hei steet dann „embargo total et complet“, nee, „et immédiat“, pardon! An da steet do duerno „à demander à la Commission européenne de présenter un plan visant à continuer à garantir la sécurité de l'approvisionnement énergétique“. Dat heescht, fir d'éischt „embargo total et complet“, an da kucke mer, ob mer iwwerhaupt nach Saache kréien!

Ech wëll just hei soen: Mir si vläicht net déi, déi am meeschten impaktéiert sinn – mir net! Mee europäesch Solidaritéit ass och, dass ee kuckt, dass déi Länner, déi am Moment keng Alternativ hunn – keng Alternativ hunn! –, op d'mannst eng Chance hunn, dass d'Kommissioun kuckt, wéi se kënnen alternativ un Energie kommen, amplat sech ze desolidariséieren an dës le départ ze soen: „Eis ass et egal, mir sinn net betraff. Kuckt Dir, dass Der eens gitt!“ Dat ass net fir mech dat Europa, wat ech mer wënschen!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Premierminister.

**M. Claude Wiseler** (CSV), auteur | Här Bettel, hei si Parlamentarier aus alle Länner, déi dat gestëmmt hunn, an aus alle Parteien. An Dir wësst, datt schonn eng Rei vun deene Länner, déi am meeschten impaktéiert waren, decidéiert hunn, déi doten Decisiounen selwer fir sech ze huelen, mat ganz vill Courage!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | A méi Courage wéi mir!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Wiseler. Dann huet nach den Här Kartheiser d'Wuert gefrot.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, den Här Cruchten hat eng Proposition gemaach. Ech wollt em villmools Merci soen dofir. Mir wäire bereet matze-verhandelen. Ech weess net, ob mer eis kënnen eens ginn, awer ech mengen, dat, wat Dir elo proposéiert hutt, ass op jidde Fall dat, wat mir géife probéieren esou vill wéi méiglech matzedroen am Interessi vum Fridden an der Ukrain.

A wa mer kënnen a Gesprécher erantrieden, da fannt Der bei eis op jidde Fall Verhandlungspartner. Awer am Abléck gesinn ech, datt mer eis net kënnen eens ginn, duerch d'Positioun vun der CSV. Da géif ech elo virschloen ofzestëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Et ass keng Wuertmeldung méi do. Da komme mer elo zum Vott vun dëser Motioun.

**Vote sur la motion**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo bei de Vote par procuration.

**Une voix** | Här President, mäin Apparat geet net.

**M. Fernand Etgen**, Président | Normalerweis muss ee sech aloggen, wann ee wëllt mat ofstëmmen. Ass dat geschitt?, froen ech.

**M. Michel Wolter** (CSV) | Nee, seng Maschinn geet net. Ech sinn Zeien. Hatt dréckt drop an et geet net.

(Interruptions)

**M. Fernand Etgen**, Président | De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun ass bei 22 Jo-Stëmmen a 37 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 23 voix pour et 37 voix contre.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Félix Eischen), Mme Octavie Modert (par M. Max Hengel), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

#### 4. Motion de Mme Viviane Reding relative à l'offre des opérateurs de télécommunication pour les réfugiés en provenance de l'Ukraine

*(Motion déposée en séance publique n° 48 du 27 avril 2022 – à consulter au compte rendu n° 16/2021-2022 en page 49)*

Als nächste Punkt um Ordre du jour kennt d'Motioun vun der Madamm Viviane Reding iwwert d'Offer vun den Telekommunikationsubidder fir d'Refugiéen aus der Ukrain. Ech ginn direkt d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, déi honorabel Madamm Viviane Reding.

**Exposé**

**Mme Viviane Reding** (CSV), auteure | Merci fir d'Wuert, Här President. „Iwwerall do hëllefen, wou ee kann hëllefen“, dat war d'Thema vun deem Text vum Europaparlament, deen an der Motioun vun der CSV stoung an deen elo dee Sort hat, dee mer wëssen.

Fir déi ukrainesch Flüchtlingen hei zu Lëtzebuerg hëllef se alleguer: de Staat, déi privat Hëlleforganisatiounen, d'Entreprises, d'Gemengen, Privatpersounen. Op europäeschem Niveau hu sech d'Telekomindustrien zesummegeesat an den 8. Abrëll mat 25 Ënnerschrëften en Text erausgi fir ze agéieren, datt se alleguerte sollte kucken – an dat sinn déi grouss an déi kleng Telekomsgesellschaften an Europa –, fir d'Roamingkäschte fir d'Flüchtlingen esou niddreg wéi méiglech ze maachen, an ze kucken, datt d'Mënschen, déi geflücht sinn an déi wëlle mat deene Familljememberen a Frënn kommunizéieren, déi an der Ukrain liewen, dat sollen esou gutt wéi méiglech kënnen maachen an ënner gudden Konditiounen.

Ënnerschriwwen ass deen Text vu groussen Entreprises wéi Deutsche Telekom, Orange, Proximus, Telefónica,

TIM, British Telecom, awer och vu kleng wéi Colt, Telenor oder Three. Net ënnerschriwwen ass deen Text vun eiser POST. An do freet ee sech wierklech, firwat datt dat esou ass. Ass et en Oubli? Ass et eng aner Saach?

Ech hoffen, Här President, et ass en Oubli. Dofir déi heite Motioun, fir datt d'Regierung soll intervenéieren, e Kontakt ophuele mat den Operateuren hei zu Lëtzebuerg, fir datt déi sollen derfir suergen, datt déi Flüchtlingen an deem Sënn gehollef kréien, well dorëms geet et finalement. Et ass zwar net schéin, wann een esou een Text liest an da steet Lëtzebuerg net drop!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Reding.

An de Premierminister Xavier Bettel freet direkt d'Wuert.

**Prises de position du Gouvernement**

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, ech wëll der Madamm Reding Merci soen. Wann ech mech net ieren, huet se déi selwecht Question parlementaire den 12. Abrëll als urgente an de 26. Abrëll als urgente gestallt. An, sauf erreur de ma part, sollt déi och en Dënschdeg gestallt ginn, wa se matzäit ukomm wär, hei an der mëndlecher Froestonn.

Ech wëll just der Madamm Reding soen, dass ech frou sinn, dass d'POST an eis Operateuren net gewaart hu bis de 26. Abrëll. Mir sinn nämlech parmi les pays, wou am rapidste geschafft ginn ass. Mir sinn eis bewosst, dass d'Telekommunikatioun – Nouvellé mat deene Leit, déi ee gären huet, eng SMS – eng vun deene wichtegste Saachen ass, wann een op eng Kéier alles verlooss huet, dass een déi wéineg Informatiounen, déi een nach kritt, iwwert den Handy ka kréien.

Dowéinst: Ech sinn houfreg, dës Chamber annouciéieren ze kënnen, dass d'POST, mee och all déi gréisser Operateuren, Proximus an Orange, säit dem éischten Dag all néideg Mesurë geholl hunn, fir dass d'Leit aus der Ukrain Kontakt mat hirer Famill a Frënn kënnen halen. Esou hunn all dräi Operateuren de Roaming tëscht der Ukrain a Lëtzebuerg ofgeschafft – säit Enn Februar!

Dat heescht – net säit dem 25. Abrëll –, et sinn all Uriff an SMSe vu Lëtzebuerg an d'Ukrain a vun der Ukrain op Lëtzebuerg gratis! D'POST ass souguer e Schratt méi wäit gaangen an huet mam ONA gratis SIM-Kaarten a reduzéiert Abonnementer ugebueden!

**Une voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Proximus huet 500 SIM-Kaarte mat der Hëllef vun der Associatioun Ukraine verdeelt. Och wann d'POST dës europäesch Deklaratioun net ënnerschriwwen huet, huet si vum éischten Dag u gekuckt – a si huet net gewaart, bis Europa sech koordinéiert –, fir schnell an onbürokratesch deenen Ukrainer hei am Land ze hëllefen.

An erlaabt mer, dass ech och dem Här Fayot d'Wuert weiderginn, fir dann nach komplett Informatiounen iwwert d'POST ze ginn. Dowéinst: Dës Motioun ass superfetatoire! An ech sinn houfreg, dass een hei net waart, bis politeschen Drock gemaach gëtt, fir och als Operateur Solidaritéit ze bewiesen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Premierminister. Da geet d'Wuert un den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Jo, merci, Här President. Ech sinn natierlech och frou als Ministre de tutelle vun der POST, dass d'POST hei esou proaktiv en fait agéiert huet, fir dat doten alles en place



ze setzen. D'POST schafft zsumme mam ONA, ass och present an deem Centre d'accueil an der Avenue Emile Reuter, wou all déi ukrainesch Refugiéen ukommen, déi deen temporäire Statut kréien an do eng SIM-Kaart kréien an, wéi gesot, och gratis Roaming.

Stand haut si schonn eng 1.400 SIM-Kaarte verdeelt ginn un ukrainesch Leit. Ausserdeem gëtt och POST Finance gratis V PAY-Kaarten a mécht Konten op fir Leit aus der Ukrain, déi hei bei eis kommen. Do sinn am Ganzen elo eng 909 Konten, déi schonn opgemach goufen, an 273 sinn der nach en attente d'ouverture. Hei ass also wäit méi gemaach ginn, wéi just eng Deklaratioun ze ënnerschreien.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Madamm Reding als Auteur vun der Motioun.

**Mme Viviane Reding (CSV), auteure** | Merci, Här President. Ech si frou, dat doten ze héieren. Wann een dat dote weess – a merci dann un eis Operateuren –, da freet ee sech, firwat datt se dann an de Solidaritéitsaktiounen an Europa net matmaachen, well da kéinte se jo souguer federführend sinn an de Solidaritéitsaktiounen. Also, merci do derfir.

Ech brauch dann déi heite Motioun net zur Ofstëmmung kommen ze loossen. Mir si berouegt. Et ass dat geschitt hei zu Lëtzebuerg, wat soll geschéien, wat richtig ass. A si sollen dann och an Europa weisen, wat se maachen. Ech mengen, dat wär eng gutt Saach.

*(La motion est retirée du rôle des affaires par Mme Viviane Reding.)*

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Reding. Dese Punkt ass dann domat ofgeschloss.

## 5. Question élargie n° 140 sur la réduction du temps de travail

Mir kommen elo zur erweiterter Fro Nummer 140 vum Här Dan Kersch iwwert d'Kierzung vun der Aarbechtszäit. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleginnen a Kollegen, um Ursprung vun dëser Question élargie steet déi Diskussioun an der Belsch, fir bei gläichbleiwender Aarbechtsdauer véier amplatzen fënnf Deeg ze schaffen.

Sécher, an dat weess an der Tëschenzäit jiddwereen, ass eis Aarbechtswelt am Wandel, an dat net eréischt zanter der Pandemie. Sécher wäert a kann an eiser Aarbechtswelt net alles bleiwen, wéi et ass, dat huet am Contraire d'Pandemie eis méi wéi gewisen.

Psychesch Erkrankungen, déi op d'Aarbecht zrëckzeféiere sinn, huele leider säit Joren zou. Leit, déi esou iwwerschaaft sinn, dass se an de Burnout falen, gehéieren net méi zu den Ausnahmen. An der Pandemie hu mer gesinn, dass och déi bescht Päerd nëmme bis op e gewëssene Grad ze belaaschte sinn. D'Gesondheets- an d'Flegepersonal huet missen a wëllen Aussergewöhnlech leeschten. Mee si hunn och en héije Präis misse bezuelen. Den héijen Taux de maladie an de Gesondheetsstrukture beweist dat. An et beweist och, dass eng permanent Iwwerlaaschtung weeder am Interêt vum Patron nach am Interêt vum Salarié ka sinn.

An Zukunft muss et verstärkt drëms goen, d'Privatliewe besser mat der Aarbecht ze verbannen. Dat ass jo dann och d'Zil vu ville politeschen Aussoen, egal vu wéi enger Couleure dass se sinn. Ech hoffen, dass dat net nëmme an den Absichtserklärungen esou ass, mee dass et och seriö geholl gëtt.

Oft héiert een an deem Kontext och dat Stéchwuert vun der „Flexibilitéit“. Allerdéngs gëtt een den Androck net lass, dass, wann der zwee dat selwecht soen, net ëmmer dat nämmelecht gemengt ass. An dësem Fall kéint een dat esou resuméieren: Déi eng hätte gäre méi Flexibilitéit, fir vun de Salariéen à tout moment kënne Gebrauch ze maachen, wa se mengen, se missten hinnen zur Verfügung stoen. An déi aner hätte gäre méi Flexibilitéit vum Patron, fir à tout moment hir privat Obligatiounen kënne besser ze erfëllen.

Déi rezent Diskussiounen an der Belsch ronderëm eng Aarbechtszäitstrukturéierung vu fënnf op véier Aarbechtsdeeg hunn en noutwendegen Impuls – och fir d'Lëtzeburger Politik! – ginn, fir déi ganz Diskussioun iwwert d'Aarbechtszäit net ze vergiessen.

Véier amplatzen fënnf Deeg ze schaffen, huet op den éischte Bléck och eng Rei Virdeeler, zum Beispill wat d'Mobilitéit ugeet oder och, wat den CO<sub>2</sub>-Ausstouss ugeet. An och deen Eenzele kéint sech vläicht mat dëser Iddi ganz séier ufrënnen.

A mengen Ae kann et awer keng Optioun sinn, wann déi wëchentlech Aarbechtszäit vu 40 Stonnen esou bleift, wéi se haut ass. An der Belsch ass dat iwwregens jo och net de Fall. Dofir stellt sech d'Diskussioun jo och liicht differenziéiert. Ech si jiddefalls der Mee- nung, dass et net vertrietbar ass, dass mer elo duerch esou eng Moosnam géifen e Reegelfall maachen an op den 10-Stonnen-Dag zrëckfalen.

Iwwregens, an och dat sollt hei gesot ginn, géif dat jo och derzou féieren, dass d'Betriben net méi Flexibilitéit géife kréien, mee éischter manner Flexibilitéit géife kréien. An esou enger Hypothees vun engem 10-Stonne-Reegelaarbechtsdag missten och vill Salarié Lounverloschter a Kaf huelen, well dat, wat se haut als Iwwerstonn bezuelt géife kréien, dann an Zukunft als normal Aarbechtsstonn géif ugeholl ginn.

An ech wëll hei guer net iwwer zousätzlech Sécherheetsrisikoe schwätzen oder zousätzlech psychesch oder physisch Belaaschtungen. Mat engem 10-Stonnen-Aarbechtsdag ass also schlussendlech kengem gehollef. Ech hoffen, Här President, doriwwer si mer eis an dësem héijen Haus eens. Weeder dem Salarié, dee risquéiert krank ze ginn a Feeler op der Aarbecht ze maachen, ass gehollef, nach dem Patron, dee mat enger reduziéierter Aarbechtseffizienz, mat engem Uklamme vum Taux de maladie a mat enger erhéichter Zuel vun Aarbechtsaccidenter konfrontéiert wier.

De logesche Schluss ass, dass eng Flexibiliséierung vun der Aarbecht nëmme de pair ka goe mat enger Reduktioun vun der Aarbechtszäit.

D'Regierung huet am Ufank vun dëser Legislatur Schrëtt an déi Richtung ënnerholl. D'Erophiewe vum Mindestcongé op 26 Deeg an d'Afféiere vun engem zousätzleche Feierdag – den 9. Mee, dee mer elo gläich erëm feieren – ware gutt Decisiounen. De Regierungsprogramm gesäit awer keng weider Schrëtt vir. Dat ass Fakt. De Moment iwwerlosse mer et de Betriber, a verschidene Beräicher a Secteure schonn eng Verkierzung vun der Aarbechtszäit tëschtent de Sozialpartner auszuhandelen.

Oft héiere mer, dass Lëtzebuerg sech an der Konkurrenz mat anere Länner géif befannen. Fakt ass, dass an eisen Nopeschlänner manner geschafft gëtt wéi hei am Land. Frankräich an d'Belsch hu souguer d'35-respektiv d'38-Stonne-Woch gesetzlech festgehalen.

Aus enger Etüd vun der éisträichescher Wirtschaftskammer baséierend op den Donnéeën vun der European Foundation for the Improvement of Living and Working Conditions geet ervir, dass d'Joresaarbechtszäit an Däitschland bei 1.574 Stonne läit, a Frankräich bei 1.610 Stonnen an an der Belsch bei 1.746 Stonnen am Joer läit. Lëtzebuerg läit do jee weils ganz kloer driwwer mat 1.791 Stonnen a läit och wäit iwwert dem Duerchschnitt vun der Eurozon, dee bei 1.672 Stonne läit.

Fakt ass och, dass d'Aarbechtszäit mat Sécherheet e Facteur ass, deen deen eenzelne Salarié kuckt, wann en decidéiert, wuer e schaffen geet. An dat zielt besonnesch fir d'Frontalieren, an dat an enger Economie, déi no Aarbechtskraaft lechzt. Stéchwuert „Penurie vun Aarbechtskräften“, wat schonn oft hei ugeschwat ginn ass.

D'Digitalisatioun spillt eng ganz wichteg Roll an der Aarbechtswelt. Deen doduerch erreechte Produktivitéitsgewënn gëllt et, sozial a gerecht tëscht Patron a Salarié opzedeele. Soumat ass eng Reduktioun vun der Aarbechtszäit bei gläichbleiwender Bezuelung nëmme e logeschen, sozialen a verantwortleche Schrëtt.

Am Kader vun dëser erweiterter parlamentarescher Fro wëll ech dem zoustännegen Minister dës Fro stellen:

Kann de Minister erklären, wéi déi am Regierungsprogramm ugedeit Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit am Interêt vu Patronat a Salariat ka geléngen, wann et zu kenger weiderer Aarbechtszäitverkierzung kéint?

Gesäit de Minister eng Chance, dass et bei de Sozialpartner zu enger Eenegung kéint kommen?

*(Interruption par la présidence)*

Ech sinn direkt fäerdeg, Här President.

D'Pandemie an den Ukrain-Krich hunn d'Donnéeën bei villen Theemen, déi am Regierungsprogramm stinn, geännert. Villes kann entweder guer net oder nëmme staark ofgeännert realiséiert ginn.

Kann een an deem Sënn dervun ausgoen, dass beim Thema Aarbechtszäit e Fortschrëtt kéint erreecht ginn, och par rapport zu deem, wat am Regierungsprogramm steet? A wann dat net de Fall wär, ka Lëtzebuerg sech et laangfristeg leeschten, par rapport zum Ausland an der Groussregioun hannendrunzebleiwen?

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kersch. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

**M. Michel Wolter (CSV)** | Ech fannen, dass Dir misst Minister bleiwen.

**Une voix** | Du och?

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Dir och!

*(Hilarité et interruption par M. Michel Wolter)*

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech si frou, dass Dir zwee Iech eens sidd!

*(Brouhaha)*

Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

**M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire** | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'éischt wëllt ech emol dem honorabelen Deputéierten Dan Kersch Merci soen ...

*(Hilarité)*

... fir déi Froen, déi en haut hei gestallt huet. Effektiv ass et esou: Am Koalitionsaccord ass der Organisatioun vum Temps du travail e Kapitel dediéiert, dëst fir dann och eng besser Work-Life-Balance ze erméiglechen.

Wéi schwéier et ass, säi Privatliwen a säi berufflecht Liewen op een Nenner ze kréien, dat erliewe mer ëmmer méi. Dat huet déi sanitär Kris och nach méi verschäerft. An deem Kontext, mengen ech, sollt een dofir och kee Sujet ausschléissen an et muss een och kënnen iwwert d'Aarbechtszäit schwätzen, besonnesch am Kontext vun enger besserer Work-Life-Balance an och vun enger besserer Gesondheet.

Am Koalitiounsvertrag steet: „Diese neuen Herangehensweisen“, wat d'Aarbechtszäit an d'Flexibiliséierung ugeet, „die im Rahmen des Sozialdialogs und vor allem der Tarifverträge ausgehandelt werden können, begünstigen im Allgemeinen eine höhere Produktivität und mehr Zufriedenheit, Motivation und Kreativität am Arbeitsplatz.“

Eng Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit – déi effektiv, esou wéi den Dan Kersch et gesot huet, net fir jiddwereen dat selwecht bedeiten –, wéi se elo an der Belsch ass, véier amplaz vu fënnf Deeg ze schaffen, mat där selwechter wéchentlecher Aarbechtszäit, déi ass jo och haut schonn hei zu Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum POT, vum Plan d'organisation du travail, méiglech, ass awer och net mäi favoriséierte Modell, well een da véier ganzer Deeg net vill doheem ass, well een da mam Aarbechtsswee, deen oft iwwer eng Stonn ass, gären zwielf Stonnen, also vu 7.00 Auer moies bis 7.00 Auer owes oder vun 8.00 Auer moies bis 8.00 Auer owes fort ass an da sécherlech net méi vill vu senger Famill a vu senger Fräizäit huet.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Bertelsmann Stiftung huet eng Etüd an Däitschland gemaach, déi beseet, dass Männer am léifste 37 bis 40 Stonnen d'Woch schaffen, woubäi d'Fraen am léifsten 30 Stonne wëlle schaffen.

*(Interruption)*

De Statec huet am Joer 2019, an do differéiere meng Chifferen elo warscheinlech e bëssen zu deenen, déi den Här Kersch gesot huet, eng Enquête publizéiert, déi beseet, dass e Vollzäitaarbechter an der Moyenne zu Lëtzebuerg 1.701 Stonne schafft. An eisen Nopeschlänner sinn déi Stonnenzuele vill méi niddreg: Däitschland 1.677, Frankräich 1.544 an d'Belsch 1.495. Dat sinn 206 Stonne manner. Dat sinn awer ëmmerhi 25 Deeg manner. Och wa vläicht d'Zifferen am Detail elo net déi selwecht sinn, ass et awer ganz kloer: D'Tendenz ass déi selwecht. Hei zu Lëtzebuerg gëtt méi geschafft wéi an eisen Nopeschlänner.

Déi Zuelen loossen drop schléissen, dass awer eng Ekonomie och dréine ka mat manner Aarbechtsstonnen. Wann d'Aarbecht och eng ganz Rei vu positiven Auswirkungen op eis alleguer huet, wësse mer awer och, dass d'Aarbecht och mat ville Risiko verbonden ass: Aarbechtsaccidenter, Burnout, Depressiounen, Problemer an der Famill, Häerz- a Kreeslaferkrankungen an esou weider. Déi kënnen dramatesch Konsequenzen, jo, op d'Leit, op eis Ekonomie an op eise Gesondheetssystem hunn.

Sou seet d'Bundesanstalt für Arbeitsschutz und Arbeitsmedizin, dass eng Aarbechtszäitreduktioun net nëmmen zu méi Motivatioun a soumadder méi Produktivitéit op der Aarbecht féiert, mee och, dass d'Absencen op der Aarbecht géifen erofgoen. Ausserdeem féiert eng niddreg Aarbechtszäit zu manner Réckwéi a manner Häerz-kreeslafproblemer.

D'Digitalisatioun, Dir Dammen an Dir Hären, steigert awer och d'Produktivitéit vun enger ganzer Rei vu Betriber an des Steigerung vun der Produktivitéit soll net nëmmen de Betriber zeguttkommen, mee och hire Salarié. Domadder si mer eis, mengen ech, allegueren och eens, och dat wëllen d'Betriber esou. Well d'Betriber si frou, wa se gutt Leit hunn a wa se déi Leit och kënnen halen.

Soumadder kann ee sech dann och d'Fro stellen, ob eng Reduktioun vun der Aarbechtszäit am Endeffekt effektiv dozou féiert, dass manner geschafft gëtt. Oder féiert se dozou, dass a méi kuerzer Zäit besser geschafft gëtt a soumadder déi selwecht Produktivitéit kann erreecht ginn?

Natierlech huet eng Reduktioun vun der Aarbechtszäit och en Effekt op d'Gläichstellung tëschent de Genren, dat wësst Der. An et gëtt och verschidden Unzeechen, an den Dan Kersch huet et och gesot, dass d'Verkierzung vun der Aarbechtszäit och e positiven Effekt op de Klimawandel huet.

Léif Deputéiert, Lëtzebuerg wëll a muss en attraktiv Land si fir auslännesch Aarbechtskräften. „Talent attraction“ ass do e Stéchwuert an e Frontalier, dee rechent och déi Zäit, déi en am Stau steet, an och déi Zäit, déi en op der Aarbecht verbréngt. A wann deen zum Schluss kënnt, dass et sech net lount, dee wäite Wee op Lëtzebuerg ze maachen, da feelt dës Persoun bei eis um Aarbechtsmaart, an dat ass an enger Zäit, an där mer déi Leit wierklech brauchen, net gutt.

Mee och eng Persoun, déi vu méi wäit wëll op Lëtzebuerg schaffen kommen, analyséiert genau d'Aarbechtskonditiounen. A wann d'Aarbechtskonditiounen an engem anere Land besser sinn, da geet se vläicht an dat anert Land schaffen an eis feelt hei eng wichteg Aarbechtskraaft.

Fir mech ass et evident, dass d'Reduktioun vun der Aarbechtszäit ganz vill positiv Effekter fir de Salarié an och fir de Patron kann hunn. Duerfir hunn ech och a menger Zäit als Fraktiounspräsident d'38-Stonne-Woch agefouert. A wann ech mech net ieren, hunn och nach aner Fraktiounen d'40-Stonne-Woch als iwwerlieft erkläert.

*(Brouhaha)*

An trotzdeem mengen ech, soen ze kënnen, dass déi Fraktiounen net manner an och keng méi schlecht Aarbecht hei am Parlament leeschten.

**Une voix** | Très bien!

**Une autre voix** | Ganz richtig!

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Esou wéi den honorabelen Deputéierte Kersch dann och gesot huet, wëll ech hei och nach eemol betounen, dass dës Regierung schonn Aarbechtszäitreduzéierung gemaach huet, an dat mam Aféiere vun engem weidere Feiertag, dem Europadag, dee mer elo gläich feieren, an och der Aféierung vun engem zousätzleche Congésdag.

Et muss een awer och, an dat ass sécherlech richtig, deene skeptesche Stëmme nolauschteren an och iwwerleeën, wéi een op déi berechtigt Suege kann agoen. A par rapport zu den Entwécklungen an den Nopeschlänner ka Lëtzebuerg sech et iwwerhaapt net leeschten, net ze reagieren, fir d'Attraktivitéit vun eise Aarbechtsmaart ze garantéieren, well d'Aarbechtszäit ass och en entscheidende Facteur fir d'Attraktivitéit vun engem Land.

Duerfir mengen ech, dass et enger genauer Analys bedierf, déi ee sollt maache fir ze kucken, wéi ee mat der Aarbechtszäit hei soll ëmgoen. An duerfir ginn ech och an deem Sënn eng Etüd an Opdrag, fir d'Diskussioun iwwert d'Aarbechtszäit ze objektivieren, fir dass een emol weess, vu wat een objektiv schwätzt, a fir dass een och déi genau Donnéeën um Dësch leien huet.

Konkreet Aarbechtszäitverkierzung, déi steet net am Koalitiounsaccord, dat wësst Dir heibannen. An Dir wësst och, dass ech mech wäert um den Accord halen. Mee wéi schonn éineschter gesot, wëll ech drop hiweisen, dass mir awer och prett sinn, fir iwwert d'Aarbechtsorganisatioun, esou wéi et och am Koalitiounsaccord

steet, ze schwätzen. An dat muss – an esou steet et och am Koalitiounsaccord – och am Kader vum Sozialdialog geschéien. An dee Sozialdialog, deen ass mir immens wichteg. An ech hunn duerfir och a mengem Ministère, am Aarbechtsministère, en neit Departement gegrënnt, dat „Dialogue social“ heescht an dat sech och ëm all déi Froen, déi ëm den Dialogue social ginn, soll bekëmmern.

Déi Etüd, vun där ech virdu gesot hunn, dass ech se da wäert an Opdrag ginn, soll dann och als Basis vun där Diskussioun déngen, déi mer sécherlech hei nach wäerte féieren. An déi Etüd wäert ech dann och sécherlech an der Chamberskommissioun mam President Dan Kersch virstellen. Da kënnen mer an där Diskussioun hei weiderfueren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Engel.

## 6. 7990 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1<sup>o</sup> modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2<sup>o</sup> dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail

Da komme mer elo zum Projet de loi 7990, enger Ofännerung vum Aarbechtsrecht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale**

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi zwee lescht Joer waren duerch d'Covid-19-Pandemie markéiert. Am Kader dovunner gouf eng grousszügig Reegelung fir de Congé pour raisons familiales ageféiert. Dës temporäre Mesure – ech betounen: temporäre Mesure – gouf entre-temps scho sechsmol verlängert. Déi lescht Verlängerung leeft den 30. Abrëll dëst Joer of.

Mir stëmme also haut iwwer e Gesetz of, dass eng zäitlech Verlängerung vun dëser generéiser Reegelung bis den 23. Juli 2022 virgesäit. An ech wëll nach eng Kéier betounen, dass et eng ganz aussergewöhnlech Mesure ass, déi och am Ausland net esou ëmgasat gëtt, wéi mir dat hei zu Lëtzebuerg maachen.

Bei dëser siwenter Verlängerung vum Gesetz vum 22. Januar 2021 geet et drëms, dass d'Elteren a gewëssene Situatiounen vum Congé pour raisons familiales kënnen profitieren. Wann d'Eltere keen hunn, fir hir Kanner ze betreiën, da kënnen si duerch dës Reegelung vun hirer Aarbecht fräigestallt ginn, an dat bei voller Bezuelung. D'Reegelung erlaabt et hinnen, weiderhin doheem hir Kanner ze betreiën.

De Projet de loi, dee vum Aarbechtsminister deponéiert ginn ass, ass den 1. Abrëll vum Staatsrot aviséiert ginn. De Staatsrot huet och näischt um Fong aussetzen, esou wéi dat jo och an deene viregte Fassungen de Fall war. D'Chambre des Salariés huet den Avis den 31. Mäerz eragereecht. An hirem Avis vum 6. Abrëll huet d'Chambre de Commerce hiren Accord zum Projet de loi ginn. Dee selwechten Dag huet och d'Chambre des Métiere an Avis ginn. Si hu keng besonnesch Bemierkungen zum Projet de loi ze maachen. Fir de Rescht kënnt Der d'Detailer an deem schrëftleche Rapport noliesen.



Ech soen Iech villmools Merci fir d'Opmierksamkeet.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Dan Kersch.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Den Ausféierung vum Här Rapporteur ass näischt méi oder bal näischt bäizefügen. En ass scho bal esou gutt wéi dee Rapporteur, deen et virdru fénnefmo gemaach huet. Et weess een eebe just gläich net méi, wie wien ass, well se hu jo elo puermol ënnerwee gedréint. Mee mir ginn op alle Fall d'Zoustëmmung als CSV. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Spautz. An da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Carole Hartmann.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här President. Ech schléisse mech mengem Virriedner un. Ech soen dem Rapporteur Merci a ginn den Accord vun der Demokratescher Partei.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hartmann. An d'Wuert ass elo fir d'Madamm Djuna Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Och ech soe villmools Merci fir den exzellente Rapport an ech ginn heimadde den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools. An dann ass et um Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech hunn näischt Originelles bäizefügen, Här President. Dem Här Kersch e grouse Merci an och eisen Accord.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An dann ass et un der Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, ech hunn och näischt bäizefügen. Mir hunn déi sechs aner Verlängerunge gestëmmt, mir wäerten déi hei och matstëmmen. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Jo, merci dem Rapporteur. Merci alle Riedner. Deem ass näischt bäizefügen. Et ass eng Verlängerung bis den 23. Juli, an demat, mengen ech, ass alles gesot. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Engel.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7990. Den Text steet am Document parlementaire 7990<sup>3</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7990 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Max Hengel), Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par*

*M. Jean-Paul Schaaf), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Tess Burton, Francine Cloener (par Mme Tess Burton), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 7. 7988 – Projet de loi instaurant une compensation financière permettant la réduction temporaire du prix de vente de certains produits pétroliers

Da komme mer elo bei de Projet de loi 7988, eng temporaire Indemnitéit op de Präisser vu verschidene Pétrolsproduiten. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Josée Lorsché. An de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum, kritt d'Wuert.

(Interruption)

Här Baum, mir si beim Projet de loi 7988 an do sidd Dir Rapporteur.

(Brouhaha)

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | 7988, solle mer deen elo huelen?

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Deen aneren ass dee vun der Sécurité sociale. Dee sollte mer duerno huelen an deen heiten elo, dee vum Finanzminister.

#### Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Kee Problem, mir maachen dat hei. Mir kucken, dass mer hei duerch de Programm kommen. Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, de Projet de loi, deen ech Iech de Mëtteg virstellen, huet als Zil, eng vun de Mesurë vum Solidaritéitspak ëmzesetzen, deen d'Regierung zesumme mat de Sozialpartner den 31. Mäerz ënnerschriwwen huet.

Et ass méi oft schonn ugeklongen: Zanter dem Ausbroch vum Krich an der Ukrain sinn d'Energiepräisser ganz, ganz staark geklommen, net nëmme fir d'Privatstéit, mee och fir eis Betriber an och fir eis Landwirtschaft. Duerfir gouf am Accord vun der Tripartite festgehalen, dass de Staat 7,5 Cent de Liter um Sprittpräis iwwerhëlt an esou d'Kafkraaft vun de Leit erhéicht an d'Käschte vun de Betriber dréckt.

Zanter dem 13. Abrëll iwwerhëlt de Staat jo scho 7,5 Cent de Liter um Bensinn an um Diesel, deen op den

Tankstelle verkaaft gëtt. Dës Mesure konnt duerch e Règlement grand-ducal ëmgesat ginn. Fir awer och de Präis vum Masutt a vum Spritt, deen an der Industrie, am Commerce an an der Landwirtschaft benotzt gëtt, erofzesetzen, brauche mir dat heite Gesetz, iwwert dat mir haut wäerten ofstëmmen.

Dës Mesurë sinn och zäitlech begrenzt. D'Reduktioun um Spritt fir industriell a kommerziell Zwecker, awer och fir d'Landwirtschaft, de Gaardebau, d'Fëscherei, d'Forstwirtschaft an och bei eise Wënzer gëllt bis den 31. Juli vun dësem Joer. D'Reduktioun um Masutt, fir ze hëtzten doheem, gëllt bis den 31. Dezember vun dësem Joer. Dat erlaabt deene Stéit, déi scho virum Akraafttriede vun dëser Mesure hiren Tank gefëllt hunn, dëst nach eemol virum nächste Wanter ze maachen an dann och esou an de Genoss vun dëser Reduktioun kënnen ze kommen.

Här President, wéi fonctionéiert d'Ëmsetzung vun dëser Mesure? Et ass esou, dass de Staat dës Bähëllef vu 7,5 Cent de Liter de concernéierte Pétroliere virstreckt, an zwar gëtt d'Moyenne geholl vun deene leschte Joren. An dovunner ginn 90 % pro Mount vun de leschte Jore gekuckt an dann och am Viraus bezuelt. Dat heescht, d'Pétroliere mussen net am Viraus bezuelen, si brauchen och net op de Remboursement vum Staat ze waarden. D'Pétroliere kënnen also déi Reduktioun direkt un d'Ennkonsumente weiderginn. Dat ass eng einfach, dat ass eng onbürokratesch Approche, déi och liicht ze kontrolléieren ass.

De Staat rechnet domadder, dass dës Mesure wäert mat 12 Milliounen Euro zu Buch schloen. Wat d'Leit dobaussen natierlech interesséiert, ass och, wéini dass dës Reduktioun elo fir si Kraaft trëtt. D'Mesurë vun dësem Gesetz wäerten den éischte Méinden no der Publikatioun vum Gesetz am Mémorial a Kraaft trieden.

Duerfir, dass alles esou séier konnt ëmgesat ginn, géif ech gären alle Concernéierten, déi un dësem Projet matgeschafft hunn an och derfir gesuergt hunn, dass mer schonn haut kënnen driwwer ofstëmmen, e ganz, ganz grouse Merci soen.

An där kuerzer Zäit krute mer zwee Avisen eran, an zwar vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers. Déi Avisen waren duerchweegs positiv, well et natierlech d'Betriber sinn, déi haaptsächlech vun dëser Mesure, niewent de Stéit natierlech, wäerte profitéieren.

De Staatsrot huet och ganz, ganz séier en Avis geschriwwen. A wéi ech de Moien an der Kommissioun gesot hunn: Ech hu seelen en Avis gesinn, an deem esou wéineg beanstant gouf wéi grad bei dësem Projet.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei an ech soen Iech alleguete Merci, dass Der nogelauschtert hutt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Gilles Baum.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché agedroen.

(Interruption)

Pardon, den Här Gilles Roth.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Ech géif mengen, et ass en Oubli.

**M. Fernand Etgen**, Président | Et klappt net alles.

(Hilarité)

#### Discussion générale

**M. Gilles Roth** (CSV) | Och mir, Här President, fanne erëm eng Kéier de Wee zueneen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'éischt dem Gilles Baum Merci fir säi ganz gudden

schräftlechen a mündleche Rapport. D'CSV wäert dëse Gesetzesprojet matstëmme, well mir gesinn dëse Gesetzesprojet eigentlech zesumme mat dem Règlement grand-ducal, deen och op dem Spritt déi vum Staat aus garantéiert Verminderung vu 7,5 Cent virgesäit.

Mir stëmme dat mat aus engem ganz bestëmmte Grond. Fischens hate mer dat schonns gefuerdert, wéi mer eng Rei vu konkrete Propose virgeluecht hate virun zwee Méint am Numm vun der CSV, wéi een de Leit kéint méi no kommen um Niveau vun der Energiepraisdeierecht.

En zweete Punkt ass deen, an dat ass de fundamentale Gedanken hannendrun: Wa Rostoffpräisser, ob dat Spritt ass, ob dat Heizungsasutt ass, ouni Weideres scho méi deier sinn, da si mir der Meenung, dass de Staat net nach zousätzlech soll drop verdéngen, zum Beispill op der TVA, oder zousätzlech mat den Taxen déi Rostoffpräisser méi deier maachen.

An do ënnerscheede mir eis och als Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei fundamental vun deenen Aussoen, déi mech awer e bësse frappéiert hunn. Si ass elo net heibannen, mee de Moien huet d'Madamm Nathalie Oberweis, där hire Papp bei eis an der CSV war an déi ech awer, ...

*(Brouhaha et interruption par Mme Myriam Cecchetti)*

... jo, déi ech awer ganz schätzen als Deputéiert, mee mat där hirer Meenung ech hei net averstane sinn, geschwat – an ech hu mer dat notéiert – vun engem „kriminellen Tankrabatt“. Also fir eis ass dat hei kee kriminellen Tankrabatt, fir d'Leit steierlech ze entlaaschten!

An ech soen och riichter aus: Mir sinn och ënnerschiddlecher Meenung hei, woubäi ech awer d'Logik vun deene Grénge ka verstoen, wou den Här Bausch gesot huet, als Vizepremier – an et ass dat, wou ech mer awer e bësse Froe stellen – vun enger Koalitioun, déi gedroen ass duerch 31 Leit, dat wier fir déi gréng „sënnlos“. Ech widerhuelen nach eng Kéier: sënnlos! An dat huet en net an engem Privatgespräch gesot, mee dat huet en op den Ondé vun RTL gesot.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Da musst Der och de Rescht soen, wat e gesot huet!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Also ech sinn elo 22 Joer Buergermeeschter, an enger Koalitioun emol eng Kéier mat siwe géint sechs, mat enger Koalitioun emol néng géint véier. Ech géif et net ganz appreciéieren, wann den éischte Schäfte vun der Gemeng Mamer, nodeems eppes zréckbehalte gi wier, dann ëffentlech géif deklaréieren: „Ma dat ass dem Här Roth seng Meenung, ech fannen dat sënnlos.“ Dat géif ech net an engem gudden Koalitiounsfridde fannen. An ech mengen, ech géif et och net an der Stad ... D'Madamm Polfer, déi schonns laang derbäi ass, géif et och net gutt fannen, wa si sech op eemol an enger Situatioun géif ermënnen, wou den Här Wilmes als éischte Schäfte vun der Stad Lëtzebuerg oder den Här Mosar am Numm vum Schäferot, gedroe vun enger DP/CSV-Majoritéit, géif soen: „Ech fannen déi Moosnam do sënnlos.“

**Une voix** | Dat kann dach net stëmme!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ech géif soen, da géif d'Madamm Polfer soen, ...

*(Brouhaha et hilarité)*

... da géif d'Madamm Polfer soen: „Serge a Laury, ech kann Iech gutt brauchen, mee dat do kann net sinn!“

*(Hilarité)*

**M. Laurent Mosar** (CSV) | An dann hätt d'Madamm Polfer Recht, Här Roth.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Wéi geet dat?

**M. Gilles Roth** (CSV) | An ech mengen, dass d'Madamm Polfer do net Onrecht hätt. Bon, déi koalitiounsinternen Gespräicher zwëschen Blo-Rout-Gréng kommentéiere mir net weider. Jiddefalls stëmme mir dat hei.

A mir fannen et och eng Entlaaschtung, net nëmme vis-à-vis vun de Leit, déi Spritt tanken. Well et ass net jiddwereen, deen d'Chance huet, direkt no bei senger Aarbechtsplaz ze wunnen. Et ass och net jiddwereen, deen d'Chance huet, gereegelt Aarbechtszäiten ze hunn. An et ass och net jiddwereen, dee ka bei Nuetschichten ... An den Här Kaes erënnt mech ëmmer drun, dass net nëmme deen aus dem Süde bei den CHL firt, mee dass och deen aus dem Norden, a virun allem déi Leit aus dem Norden, aus der ländlecher Regioun, wäit musse fueren, fir op ongereegelt Aarbechtszäiten ze fueren. Dass déi gesot kréien: „Et ass sënnlos, dass Dir beim Spritt entlaascht gitt an deesen Zäiten“ ...!

**M. Aly Kaes** (CSV) | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Duerfir hu mir och, Dir Damm an Dir Hären, als CSV derfir plädéiert, dass een zousätzlech zu der Reduktioun vun den Akzisen, zu der TVA op de Minimum, deen europäesch méiglech ass – duerfir hu mir och ganz kloer derfir plädéiert –, änlech wéi dat an aneren Noperschaftsstaaten ass, zum Beispill an Däitschland, och sollt erëm driwwer nodenken, fir d'Kilometerpauschal um Niveau vun de Steieren anzeféieren.

An dat selwecht zielt fir eis um Niveau vum Masutt. Et sinn 59.000 Stéit hei am Land, déi nach mat Masutt hëtzen! An déi kënnen net vun haut op muer ëmrüsten an déi hunn och net déi finanziell Mëttele, fir vun haut op muer ëmzerüsten an op aner Energiequellen zréckzegräifen.

An ech soen och ganz kloer: An deem Fall hätte mir kee Problem gehat, wann de Staat amplaz op déi 7,5 Cent op 16 Cent verzicht hätt, well dat nämlech de Maximum ass, dee gemäss der europäescher Reeglung méiglech gewiescht wier. Mir hätten och kee Problem gehat, dat matzestëmme. A fir eis ass dat keng Politik vun der Strenz, mee et ass eng Politik vum Pragmatismus, et ass eng Politik vun der Rason an et ass eng Politik, déi sech an eisen Aen opdrängt, besonnesch an Zäite vun ugespaanten Energiepräisser an och an Zäiten, an deenen d'Leit souwiso schonns Problemer hunn, um Enn vum Mount d'Enner zesummenzékriien.

Dat Eenzegt, an ech schléissen domadder of, Här President, wat mir net wellen – an duerfir och déi 16 Cent, wou mer kee Problem dermat gehat hätten –, dat ass, dass mer elo mat allen Efforten den Tanktourismus zu Lëtzebuerg erofsetzen. Den Tanktourismus zu Lëtzebuerg erofzesetzen, dat heescht och onweigerlech, op déi Milliard, déi mer alljoers am Budget hunn, zumindest zum Deel ze verzichten. Dat muss een och einfach kloer soen, an d'Madamm Finanzministesch weess dat am beschten.

Ech hoffe just, dass mer keen Tanktourismus à l'envers kréien, dass net d'Lëtzeburger herno an Däitschland, an d'Belsch oder a Frankräich tanke ginn, well et do méi bëlle ass, well dann, mengen ech, da wier déi Moosnam kontraproduktiv.

Mee mir ginn Iech eist Wuert, mir stëmme dëse Gesetzesprojet mat.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. An dann ass et elo un dem Här Yves Cruchten. Hie war och net hei ageschriwwen.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Och ganz kuerz. Ech soen dem Här Baum villmools Merci

fir säi Rapport an och déi séier Aarbecht, déi mer do zesummen an der Kommissioun gemaach hunn. Selbstverständlech gi mer den Accord zu deem Projet de loi. Ech wëll awer soen, dass mer, och wa mer haut just deen dote Volet ofstëmme, dat awer als e Gesamtpak gesinn. Et ass eng vu ville Mesuren an et soll ee se och duerfir net just aleng kucken.

A mir mierke jo eigentlech an deenen Debatten, déi mer hei scho gefouert hunn – den Här Roth weess et nach am beschten –, wéi mer iwwert d'Energiepräisser diskutéiert hunn am Januar, am Februar an och duerno, wéi d'Sozialpartner zesummekomm sinn, do ass et jo ëmmer ëm déi selwecht Fro gaangen: Wéi kréie mer de Leit am beschte séier an onkomplizéiert gehollef, mee am selwechte Moment awer och cibléiert a sozial gerecht? An et ass net ëmmer einfach!

Duerfir si mir der Meenung, dass mir dat heiten och net elo als Einzelmoosnam musse kucken, mee als Gesamtpak, deen als Resultat erauskomm ass bei de Verhandlungen, déi an der Tripartite waren. An duerfir kënnen mir ganz wuel mat deem Projet hei liewen.

Ech soen Iech villmools Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An de Mikro ass elo fräi fir déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Ech weie meng Wierder gutt of, Här Roth, keng Suerg! Ech wäert elo soen, wat déi gréng Fraktioun zu dëse Moosname wëllt soen, am Numm natierlech vun eis néng. An ech schwätzen och als Deputéiert an net als Minister, dat ass emol kloer.

Ech mengen, d'Tripartite ass aberuff ginn ...

*(Interruptions)*

D'Tripartite ass ageruff ginn, fir e Konsens ze fannen. Eng Tripartite besteet doran, dass sämtlech Verhandlungspartner openeen zouginn. An dat hunn och mir als Gréng gemaach, soss hätte mer keen Accord kritt. An eis geet et drëm, fir d'éischt emol ze betounen, dass en Accord zustane koum an dass jiddweree Waasser a säi Wäi geschott huet. An ech mengen, wann Dir an enger Tripartite géift sëtzen, da géift Dir dat och maachen, oder Dir wäert kee gudden Verhandlungspartner.

*(Brouhaha)*

Ech mengen, wou mer eis awer eens sinn, dat ass, dass d'Energiepräisser enorm explodéiert sinn an der Lescht, dat ass de ganze Muere scho betount ginn, an dass domat verbonnen och aner Präisser an d'Luucht gaange sinn, notament d'Präisser vun den Iesswueren, ganz ville Gidder a Wuere, an awer och d'Präisser vu Servicer, déi wierklech net nëmme Privatstéit betreffen, mee och zum Deel d'Entreprises.

An ech wëll och betounen, dass de Marc Spautz de Mueren eng gutt Analys gemaach huet. Ech hat gutt nogelauschert, Dir hutt ganz geziilt erkläert, a wéi enge Secteure wéi eng Präisser eropgaange sinn. An dat war schonn interessant. Gesitt Der, ech kann och d'Oppositioun heiansdo luewen, mee nach laang net ëmmer!

Wéi et da mat der Präisentwécklung weidergeet, dat kënnen mer natierlech net wëssen, an dat weess kee Mënsch. Mir hu keng Glaskugel. Och dat ass an der Debatte de Mueren ënnerstrach ginn. Dir kennt d'Facteuren, un deenen déi ganz Entwécklung hänkt. Do ginn ech elo net laang drop an, well se net zu dësem Projet de loi elo esou speziell gehéieren.

Wat awer sécher ass, dat ass eebe grad, dass d'Biergerinnen an d'Bierger aus de vulnerabelste Schichten



am meeschte vun där Entwécklung betraff sinn, an awer och eng ganz Rei Betriber. Wat awer dann d'Privatstéit ubelaangt, esou ass et natierlech d'Hëtze vun de Wunnengen, wat déi gréisst finanziell Belaaschtung mat sech bréngt eebe grad am Privatberäich.

Ech wëll och an deem Kontext betounen, datt d'Regierung scho reagiert huet. Net elo mat dëser Moosssnam eleng, mee si huet reagiert, andeems se d'Hausse vun de Präisser bei Gas a Stroum schonn ofgebremst huet an och eng Energieprimm agefouert huet vu bis zu 400 Euro, jee no Revenu, pro Stot.

A mat dësem Projet de loi, deen, wéi gesot, an dee ganze Kontext vun der Tripartite gehéiert an net erauszerappen ass, schafe mer an eisen Aen de Pendant zu dësen Hëllef an beim Masutt, andeems mer eeben, wéi de Gilles Baum et och gutt erkläert huet, 7,5 Cent de Liter eroffueren; also net 75 Cent, wéi de Staatsrot gemengt hat. Domat ënnerstëtzt mer d'Stéit am Hëllef notament op den nächste Winter, wou méi gehëtzt muss ginn. An dofir ass et och sënnavoll, dës Moosssnam bis zum Enn vum Joer lafen ze loossen, wann et kal gëtt.

Gläichzäitig spieren och d'Betriber d'Präishaussen, virun allem déi kleng a mëttelgrouss Betriber, wou ee muss wëssen, datt dat awer déi grouss Majoritéit vun eise Wirtschaftssektoren duerstelt. An och d'Landwirtschaft ass am breede Sënn vun den Haussë betraff. Ech schwätze vun der Agrikultur, déi mer jo net wëlle mëssen, ech schwätze vum Gaardebau, deen eis wichteg ass, an natierlech och vun der Forstwirtschaft, wou mat Maschinnen geschafft gëtt.

Fir ze verhënnern, datt dës Secteuren an d'Kris gereden oder eebe grad déi Präisdeierecht un d'Konsumentinnen a Konsumente weidertransferéieren an d'Inflation op déi Manéier weider beschleunegen, hunn d'Verhandlungspartner an der Tripartite eebe grad decidéiert, op d'Pétrolsprodukten, déi gebraucht gi fir déi industriell, landwirtschaftlech a kommerziell Zwecker, eng Präisreduktion vun deene 7,5 Cent maachen. Dës Moosssnam ass zäitlech begrenzt a si ass deemno net fir d'Éiwegkeet. Dat ass eis ganz wichteg.

Dir Dammen an Dir Hären, als Gréng si mer eis och bewusst, datt d'Präisreduktion, déi hei zustane komm ass, e Kompromiss genereller Natur ass, dat heescht, si ass net cibléiert a si hëllef net just deenen, déi d'Hëllef ganz besonnesch brauchen. Si hëllef och deenen, déi net onbedéngt drop ugewise sinn. An duerfir ass et fir eis evident, Här President, datt dës Moosssnam am Fall, wou d'Situatioun sech net berouegt a wou sech an den nächste Méint, nom Juli, weider Hëllef opdrängen, da méi cibléiert muss ginn.

Eng méiglech Pist gesi mer beispillsweis an engem weidere Steierkredit, zousätzlech zu deem, dee mer schonn diskutéiere momentan an der Tripartite-Kommission. E weidere Steierkredit wier jiddefalls eng Moosssnam, fir dem Phenomeen vun der Energieaarmut entgéintzewirken, andeems besonnesch déi Stéit ënnerstëtzt ginn, déi d'Hëllef am meeschte brauchen an déi duerch e Steierkredit souzesoen iwwerkompenséiert ginn, wéi och de Statec dat schonn ausgerechent huet. En Energiebong fir Niddregverdenger ass eng weider Pist, déi mir weiderhi wëlle matdenken.

Parallél dozou ass et an eisen Aen awer onëmgänglech, d'Transitioun a Richtung klimaneutral Wirtschaft ze beschleunegen. An et ass dat, wat een net oft genuch ka widerhuelen. An dowéinst begrësse mir als Gréng – an da sinn ech erëm beim Gesamtkontext – d'Investitiounshëllef, déi an d'Dekarboniséierung an an d'Elektrifizéierung vun den Entrepreneuren a vun der Produktion fléissen. Fir eis ass dat definitiv dee richteg Wee an den eenzege Wee, fir der Ofhängegkeet vun de fossillen Energien en Enn ze setzen an

d'Betriber méi widerstandsfäeg géintwuer de Präisschwankungen a géintwuer de Versuerungsenscherheeten ze maachen.

Här President, nieft zäitlech limitéierte Moosssnamen, déi bekanntlech am Tripartite-Accord dann och decidéiert goufen an zu deenen dës Projet de loi gehéiert, stellen d'Energietransitioun an d'Ennerstëtzung vun deene Vulnerabelste jiddefalls den Haaptenjeu fir d'Zukunft duer. An dat ass dat, wat ech haut, ech weess net, fir d'fenneft Kéier op dëser Plaz gesot hunn.

Merci fir d'Nolauschteren, an natierlech gi mer och den Accord zu dësem Projet de loi.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, villmools merci, Här President. Ech wëll och fir d'éischt dem Här Baum Merci soe fir säi Rapport. Ech ka mech ganz kuerz faassen, well et geet jo hei ëm eppes, wat mer u sech alleguer deelen. D'Situatioun fir d'Privatstéit, den Transportsektor, d'Bauern a vill aner Betriber, déi energieintensiv schaffen, ass ganz ugespaant. An dofir ass dat hei eng richteg Moosssnam, déi mer och, mengen ech, alleguer matdroen, oder vläicht bal alleguer. Op jidde Fall dréit d'ADR dat selbstverständlech mat.

Et geet eis net wäit genuch! Dat muss ech awer och ganz kloer soen. Mir hätten eis och ganz gutt kënne virstellen, elo mol op den europäesche Minimum erofzegoe vun deene Steiererlichtungen, déi mer hätte kënne envisagéieren. Mir hätten dat och elo net zäitlech begrenzt, mee gekuckt, wéi laang dat wierklech néideg ass, fir esou Moosssnamen ze huelen.

An ech muss dat och ëmmer erëm soen: Mir als ADR géifen d'Kuelendioxidsteier ofschafen! Well wat net gesot gëtt hei, dat ass, datt jo schonn déi nächst Steiererhéijung nees geplangt ass. Ech mengen, dës Regierung geet hin a seet: „Mir maachen elo Accommodementer“, an esou weider, „mir setzen elo d'Käschten erof.“ Op där anerer Säit wësse mer, datt den 1. Januar d'nächst Joer, also 2023, dann erëm eng Steiererhéijung kënnt bei der Kuelendioxidsteier.

A mir soe ganz kloer, datt mir de Leit d'Liewen net méi schwéier wëlle maachen. Mir wëllen déi Steiererhéijung net. Mir wëllen iwwerhaupt keng Kuelendioxidsteier! Mee de Staat misst onbedéngt higoen an op déi Steiererhéijung fir den 1. Januar, op d'mannst fir den 1. Januar d'nächst Joer, verzichten, well d'Situatioun gëtt datt do einfach net hier!

Da wëll ech zwou, dräi politesch Bemerkungen maachen. Déi éischt ass iwwert dem Här Bausch seng Kommentaren. Ech hat dat schonn de Moie gesot, wéi mer hei iwwert d'Sanktiounen geschwat hunn: Dat geet net! Well ech mengen, et si vill Leit, déi wierklech vu wäit hierkommen aus dem ländleche Raum, Frontalieren, Leit, déi net vill hunn, op jidde Fall manner wéi mir! Déi sinn einfach frou, wa se musse manner bezuelen, an déi 7,5 Cent, dat ass alt dat. An ech mengen net, datt een einfach soll higoen an dat erofsetzen als „sënnlos“ oder soss Gott weess wat. Dat ass schonn eng Arroganz, déi mir net akzeptéieren.

Dat Zweet, an dat muss een och am allgemengen Energiekontext gesinn, dat ass d'Explosioun bei de Präisser; ech mengen, d'Madamm Lorsché huet och elo doriwwer geschwat. Wa mir Sanktiounen aféieren, a mir hunn dat jo elo gesinn am Fall Bulgarien a Polen, dann explodéiert direkt de Gaspräis. Direkt! An dat muss een einfach gesinn. Ech wëll deene Gréngen dat och nach eng Kéier soen. Mir hate jo hei mam Här Turmes schonn e puermol iwwer alternativ Energie geschwat an et ass nach kee Joer hier – do ware mer

nach déi aner Säit am Cercel –, dunn huet den Här Turmes gesot: „Jo, dee Backup, dee mer brauche fir déi alternativ Energien, dat ass de Gas.“

Dat war de Backup. Mir brauche jo e Backup, well déi alternativ Energien, déi si jo net bestänneg disponibel. A mir brauchen e Backup! Hie wëllt keng Atomenergie, also muss e fossill Energie huelen, an de Backup war de Gas. Jo, de Gas, deen ass am Abléck extreem deier an e soll eventuell och nach sanktionéiert ginn an esou weider. An da gëtt et kee Backup méi, well déi gréng wëlle weeder fossill nach Atomenergie. Mee mat där alternativer Energie aleng geet dat natierlech iwwerhaupt net.

An dat ass och dat, wat der CSV nach eng Kéier muss gesot ginn: Wann do Sanktiounen ageféiert ginn, dann huet dat enorm ekonomesch a sozial Konsequenzen op eist Land. Ech mengen, dat hei sinn och alles Moosssnamen, déi kaschten. D'CSV envisagéiert hei an do nach e Plus, mee si kënne domadder liewen, si kënne domadder d'accord sinn. Mee wann ee wéi Dir hei en totalen direkten Embargo op Gas, op Pétrol, op alles fuerdert, jo, wou géif dat eis hiféiere budgetär? Wou géif dat d'Stéit hei am Land hiféieren a wivill Kompensatione misste mer deen Abléck bezuelen? Et ass einfach, esou Saachen ze fuerderen, mee et ass verantwortungslos, se ze fuerderen, ouni de Leit an dem Staat ze soen, wat dat eis géif kaschten a wou eis dat ekonomesch géif hiféieren. An dofir muss ee Politik mat Verantwortung bedreiwen. D'CSV huet déi haut net erkenne gelooss.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. Da wier et un der honorabelen Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Här President, mir hunn et hei mam éischte Gesetzesprojet ze dinn, deen aus dem Tripartite-Accord vun Enn Mäerz ervirgeet. Nodeems de Premierminister op der Tëlee erzielt huet, datt Leit mat héije Revenue keen Index an och keng steierlech Kompensatione fir Kafkraaftverloscht opgrond vun enger Indexmanipulation brächten, stëmme mir elo haut e Subventionnement vun Masuttspräis fir ënner anerem genee déi selwecht Leit, zwou Wochen nodeems d'Regierung fir déi selwecht Leit schonn eng Subventionéierung vu Bensinn an Diesel beschloss huet.

Nieft am Fong der Feststellung, datt den Accord eng Indexmanipulation ass an déi beschlosse Kompensatione gréisstendeels vun de Stéit selwer finanziéiert ginn, hu mer et mat enger Regierung ze dinn, déi sech an hirem eegenen Discours ganz liicht verfäkt.

Dat gesi mer och an de leschten Deeg, wou mer all Dag mat neie Rekordmeldungen erwächen aus der Lëtzebuerger Ekonomik: Rekordgewënner vu Betriber, zolidd Dividenden un d'Aktionären, Chômage op Rekordhéicht, Secteuren, déi fäerten, keng Leit méi ze fannen, well d'Léin ënner anerem par rapport zu Däitschland net méi attraktiv genuch wieren – Klammer op: an d'Aarbechtszäite komme jo och derbäi, wéi mer virun héieren hunn, Klammer zou –, an do kënne mir just soen: De Betriber geet et manifestement immens schlecht zu Lëtzebuerg!

90 % vum beschlossene Pak an der Tripartite sinn direkt an indirekt Aidé fir Betriber, déi aus dem Staatsbudget finanziéiert ginn, deen, wéi mer wëssen, zum groussen Deel vu Steiere vun de Stéit gespeist gëtt. Och déi heite Measure ass zum Deel eng Hëllef fir d'Betriber.

Fir vill Stéit, déi mat Masutt hëtzen a finanziell net esou gutt dostinn, ass dës Measure eng kleng Hëllef, mee awer eng mat e puer Hoken. Éischstens ass se fir

manner gutt situéiert Stéit net grouss genuch, während se fir räich Stéit net wierklech an d'Gewicht fällt. Zweetens fluktuéiert de Präis weiderhin a kann déi 7,5 Cent séier resorbéieren. Fir dat ze illustréieren: Den 13. Abrëll louch de Präis vum Liter Masutt bei 1,13 Euro, haut läit e bei 1,25 Euro. Mat der Remise vu 7,5 Cent um Liter wier et fir e Stot also méi interessant gewiescht, den Tank virun zwou Wochen opzefüllen. De Stot muss also quasi mat an d'Spekulationen eraklammen an hoffen, datt de Präis erëm fale wäert. Drëtzens kann e Stot gestrooft ginn, nämlech deen, deen Enn Mäerz huet misse fir 1,31 Euro de Liter opfellen an awer elo guer net an de Genoss vun deene 7,5 Cent kënn.

D'Grenze vun dëser Measure sinn also ganz kloer opgewisen. All fënnefte Stot zu Lëtzebuerg hëtz mat Masutt. Eng Win-win-Situatioun wier et jo, wann dës Stéit, besonnesch deene Stéit mat manner Akommes, géif gehollef ginn, fir d'Heizungen ze ersetzen. Da bräichte mir eis hei guer net iwwert déi 7,5 Cent ze ënnerhalen. Déi betraffe Stéit wieren esou manner vulnerabel géigeniwwer Präisschwankunge vu fossillen Energien a kéinte Sue spueren, a Lëtzebuerg kéint säin Zäregasausstouss méiglechst séier erofdrécken. D'Mesuren, déi aktuell en place sinn an och elo erëm adaptéiert goufen, ginn dësen Erausforderungen awer leider net gerecht.

Guer keng finanziell Belaaschtung besteet dobäi fir d'Ubidder vu Masutt. Si kréien Avancé bezuelt vum Staat an duerno gëtt dann och op den Cent genee alles ofgerechent. Dës Ubidder vu Pétrolsprodukter si wuelverstanen de Groupement pétrolier, also Shell, Total, Lukoil, deen, mengen ech, russesch ass, Aral et j'en passe, Betriber, déi manifestement op keen Euro verzichte kënnen.

Et ass schoonn erstaunlech, wéi exakt d'Regierung hei ass, fir eng komplett Entschiedegung fir dës Betriber ze garantéieren, déi zu de gréisste Profiteure vun der aktueller Situatioun gehéieren, a wéi liichtfankeg an onseriö se dann awer mat engem Indexmechanismus ëmgeet, deen d'Salariéen an d'Rentner/inne fir d'Ofwärtung vun hire Paien a Rente soll entschiedegen.

Mir stëmmen dat heiten zwar mat, well jo awer d'Geréngverdénger trotzdeem eppes kréien. Merci fir d'No-lauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. An da wier et um honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Woch, ech komme mer es net zou, dës Woch ass wierklech verréckt: Ech ginn haut fir d'zweet dem Vizepremier François Bausch Recht. Nodeems ech em gëschter hei an der Chamber scho Recht hu misse ginn, ginn ech em och dës Kéier nach eng Kéier Recht, wéi e gesot huet, datt dës Measure vu 7,5 Cent sënnslos wier. Eng Sënnslosegkeet vun am Ganze 75 Milliounen Euro, dovun eleng 12 duerch dës Gesetzesprojet, 12 Milliounen Euro, déi een hätt kënnen an e sozial gerechte Klimabonus stiechen, 12 Milliounen, mat deenen een hätt kënnen deene Leit hëllefen, déi wierklech Hëllef brauchen, 12 Milliounen, déi een och hätt kënnen a Solaranlagen, a Repowering oder an energeetesche Sanéierung stiechen, oder 12 Milliounen, déi de Lëtzebuurger Staat hätt kënnen notzen, fir selwer méi klimaneutral ze ginn.

An eisen Ae muss virun allem bei de Solaranlagen eng déck Schëpp – ech sot et de Moie schoonn, quasi e puer Schubkaren – bäigeluecht ginn. Laut PNEC misste mer bis 2025 all effentlecht Gebai, wou et méigleech ass, mat Pannoen ausstatteten. Mir sinn am Moment bei 4 %. Fir déi vun der Regierung viséiert 9 Megawatt bis 2025 misste mer bei normale Marchéspräisser – a mir ginn dervun aus, datt d'Regierung dat jo mat e bëssen Économie d'échelle kéint méi bëllege kafen – ongeféier

13,5 Milliounen Euro ausginn. Dës 12 Milliounen Euro, déi Dir haut stëmmt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, géifen also duergoen, fir deen ambitiöse Projet ze finanzéieren!

Mir Piraten sinn duerfir der Meenung, datt hei nach vill Geld muss an de Grapp geholl ginn, fir séier weider Projeten ze finanzéieren a virun allem ze realiséieren. Mee dat mécht d'Majoritéit net. Hei gëtt aus Koalitionsräson eng Decisioun geholl, déi souguer engem Drëttel vun der Koalitioun sënnslos erschéngt. An e fréiere Minister vun deem zweeten Drëttel aus der Majoritéit géif esouguer soen, heimadder géife just déi breet Schëllere mat Porschen, Ferrarien oder souguer Privatjetten ënnerstëtzt ginn.

Mir Piraten denken, datt an Zäiten, wou en IPCC seet, datt mer nach just dräi Joer hätten, fir d'Rudder erëmzerappen, all Euro fir d'Klima zielt. An all Euro, dee mat der Géisskan ausgeschott gëtt, ass een Euro, dee mer domadder net eemol, mee zweemol verléieren! De Klimawandel kennt keng Kompromësser a virun allem keng politesch Koalitionsräson.

Här President, mir Piraten wäerten dës Projet, Dir wäert Iech do elo net wonneren, net matstëmmen. Mir sinn der Meenung, datt dës geschätzte Milliounen un Euro hei an dësem Projet verluer sinn an anescht respektiv op anere Plaze vill méi effikass hätte kënnen agesat ginn. Soyons fous: als Klimabonus, als Klimaschutz fir d'Betriber, mee net, andeem mer mat der Géisskan iwwert d'Land fueren!

Dës ass eng Plooschter fir energieintensiv Betriber, déi eist Klima, eis sozial schwach Menagen an eis alleguerten am Ree stoe léisst an awer duerfir d'Pétrolsindustrie subventionéiert. Mee dat ass jo dann an der Linn mat der Motioun, déi virdru vun der Majoritéit net gestëmmt gouf.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministersch Yuriko Backes. Madamm Backes, Dir hutt d'Wuert.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir d'éischt e ganz grouss Merci un den Här Rapporteur Gilles Baum fir säin exzellente Rapport.

Ech kann a wëll mech elo de Mëtteg hei éischter ganz kuerz halen. Dir wësst, dës Projet de loi ass e wichtegt Element vum Accord, dee mer an der Tripartite fonnt hunn. Dir wësst och, dass et sech hei ëm temporäre Mesuren handelt, fir séier eppes géint déi héich Energiepräisser ze maachen. Dës Remise vu 7,5 Cent um Liter kënn souwuel de Bierger wéi de Betriber zegutt. Ech freeë mech, dass och d'Chambres professionnelles esou séier konnten hire positiven Avis ofgi souwéi och de Staatsrot.

Ech wëll Iech hei alleguerter Merci soe fir déi extreem séier a wierklech gutt Zesummenaarbecht. An ech soen der Chamber Merci fir déi ganz breet Zoustëmmung fir dës Projet, dee fir eis ganz wichteg ass. Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Backes. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7988. Den Text steet am Document parlementaire 7988<sup>4</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7988 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi 7988 ass mat 58 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Jean-Paul Schaaf) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Dan Kersch), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

*Ont voté non :* MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 8. Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen

Da géif ech der Madamm Martine Hansen d'Wuert gi fir den Depot vun enger Motioun.

#### Exposé

**Mme Martine Hansen (CSV), auteure** | Merci, Här President. Mir hunn elo de Mëtteg relativ vill iwwer Bähëllef an Kader vun der Energiekris geschwat. A verschidde Leit, déi awer vergiess gi sinn, dat si leider eis Léierjongen an eis Léiermeedercher. An der Berufsausbildung – an d'Berufsausbildung ass fir eis extreem wichteg, well si ass wichteg fir eist Handwierk a fir eist Land – sinn awer ganz vill Léiermeedercher a -jongen, déi op den Auto ugewise sinn.

Ech hat Iech eng Kéier e Beispill hei gesot vun engem Jong, deen zu Elwen wunnt, deen awer, well mer net vill frankofon Ausbildungen hunn, muss op Belval fueren an deen dann erëm op Wolz fiert a säi Betrib. Dee Jong kritt eng kleng Indemnité d'apprentissage. Dat geet u sech net duer, fir de Bensinn ze bezuelen. Hie soll awer och nach motivéiert sinn, fir seng Ausbildung ze maachen. Ech mengen, d'Studente kréien eng Bähëllef, dat ass och ze begreissen. Mir fannen awer och, datt hei déi néideg legislativ a reglementaresch Schrëtt missten ënnerholl ginn, fir datt och d'Léierjongen an d'Léiermeedercher, déi am Régime concomitant an der Schoul sinn, hei kënnen eng Ënnerstëtzung kréien.



Ech kann Iech och schonn eng Pist soen, wéi et eventuell géif goen. D'Léierjongen an d'Léiermeedercher kréien nämlech och eng Prime pour la promotion à l'apprentissage. Déi gëtt vum Staat bezuelt. Ech mengen, et si ronn 150 Euro de Mount. Wann een déi zum Beispill géif ëm 50 Euro erhéije pro Mount, da wier deene Jongen a Meedercher och scho staark gehollef.

Ech soen Iech villmools Merci.

**Une voix** | Très bien!

### Motion

„Finanziell Ënnerstëtzung vu Léiermeedercher a Léierjongen“

D'Chamber stellt fest, dass

– vill vun eise Léiermeedercher a -jongen op den Auto ugewise sinn, well fir si den ëffentlechen Transport net passt, d'Betriber, wou si schaffen, an Industriezone leien, déi schlecht ugebonne sinn, respektiv well si musse mam Auto op de Chantier fuere fir ze schaffen;

– och si staark vun der rezenter Präisdeierecht, virun allem duerch déi héich Bensinns- an Dieselpräisser, be-trafft sinn;

– d'Regierung am Kader vum Tripartite-Accord fir d'Studente fir dat akadeemescht Joer 2022/2023 eng zousätz-lech Enveloppe vun 10 Milliounen Euro deblockéiert huet, wat ze begrëssen ass;

– Léiermeedercher a -jongen, eisen Informatiounen no, net an de Genoss vun Energiebäihëllef kommen,

aus dese Grënn freet d'Chamber d'Regierung,

– déi néideg legislativ an/oder reglementaresch Schrëtt an d'Weeër ze leeden, fir dass och d'Léiermeedercher a -jongen, déi am Kader vum „régime concomitant“ vun der Berufsausbildung ofwiesselend beim Patron respektiv am Lycée sinn, zäitno an de Genoss vu Bähëllef kommen.

(s.) Martine Hansen, Max Hengel, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Ma-damm Hansen.

## 9.7982 – Projet de loi portant modification des articles 1<sup>er</sup> et 32 du Code de la sécurité sociale

Da komme mer elo zum Projet de loi 7982, enger Ofännerung vum Code de la sécurité sociale. D'Riede-zäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur vun deemem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

### Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President.

(Interruption)

Provoziert mech net!

(Hilarité)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kollee-ginnen a Kolleeen, op dee Rapport, deen ech haut hei virstellen, hätt ech ganz gär verzicht, well en eng Konsequenz vun deem mënschlechen Drama ass, dee sech am Moment an der Ukrain ofspillt.

Mat deem Projet erkläre mir eis solidaresch, an dat ass gutt, mat deene ville Leit a Familljen, déi virum Krich aus der Ukrain geflücht sinn an haut leider nach ëmmer musse flüchten an déi bei eis opgeholl gi sinn, esou wéi eis Elteren a Grousseltere virun 80 Joer dat a Frankräich goufen, wéi d'Nazien eist Land iwwerrullt hunn.

Konkreet gesäit dese Projet vir, dass d'Persounen, déi de Statut vun enger Protection temporaire hunn – dee Statut ass declenchéiert ginn de 4. März 2022 am Europäesche Conseil –, obligatoresch un eis Kranke...

O, entschëllegt! Co...? Co...?

(Interruption)

Nee, nee, et ass keen anere Projet. Ech hu just hei eppes derbäieknäzt, wat ech bal selwer net méi entziffert kréien. Dat ass, wann een esou aktuell wéi méiglech wëllt sinn.

Also, d'Persounen, déi de Statut vun enger Protection temporaire hunn, ginn obligatoresch un eis Kranke-versicherung affiliéiert. Dat bedeit, dass keng Karenz-oder Stagezäit fir si noutwendeg ass. Hir Cotisatioun gëtt vum Staat iwwerholl. An anere Wieder, si kréien direkten Accès un eise Santéssystem mam Tiers pay-ant, do wou e gëllt ...

(Brouhaha et hilarité)

**Une voix** | Et gëtt ëmmer méi schlëmm ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Nee, nee, liest den Artikel an der „Neue Zürcher“.

(Hilarité)

Et ass jo déi éischte Kéier, dass de Statut vun der Protection temporaire, also desen Dispositif, ugewannt gëtt. De Mechanismus gesäit vir, dass d'EU-Member-staate musse deene Flüchtlingen déi néideg Hëllef zoukomme loosse, wa si net selwer iwwert déi néideg Ressourcë verfügen. Dat gëllt och fir medezinnesch Hëllef. Ech wëll just drun erënneren, dass mir hei vu Leit schwätzen, déi a ganz schwierige Situatiounen op Lëtzebuerg kommen a villen doheem matgemaach hunn. Déi hu misse vun engem Moment op deen aneren hir Heemecht verloossen, wou Familljen oft ge-trennt goufen.

Géife mir dës Gesetzgebung elo net virhuelen, da géif hir Affiliatioun iwwert d'Assurance volontaire lafen. Dat géif awer mat sech bréngen, dass eng Karenzzäit vun dräi Méint géif wierken. Wat net heescht, dass an deser Zäit de Leit net gehollef géif ginn, wa se op medezinnesch Betreue ugewise wieren. Mee et spillen dann aner Mechanismen, déi méi komplex sinn, änlech wéi bei de Leit, déi eng Ufro maachen, fir hei Asyl gewäert ze kréien. Hei ass et den ONA, den Office national de l'accueil, deen duerfir opkënn.

D'Zuel, an dat, mengen ech, soll ee sech awer eng Kéier virun Aen halen, d'Zuel vun de Flüchtlingen aus der Ukrain ass, wéi mer jo matkritt hunn, immens grouss a mir hunn eppes Änlech an esou kuerzer Zäit kaum erlieft, a si gëtt vun Dag zu Dag méi grouss.

Um Freiden, den 21. Abrëll, sinn zu Lëtzebuerg 4.976 Demandé fir de Statut vun der Protection internationale agereecht ginn. Mir dierften deemno bei iwwer 5.000 Demanden ukomm sinn. Dee selwechten Dag, also den 21. Abrëll, haten 2.237 Persounen de Statut unerkannt kritt, dovunner 1.375 Erwuessener an 862 Kanner. Vun deenen 2.237 Leit hunn der 2.151 déi ukrainesch Nationalitéit a 86 Bierger eng aner Nationalitéit. Déi obligatoresch Affiliatioun ass dann och niewent der direkter Hëllef fir d'Leit eng administrativ Vereinfachung, déi verhënnere wäert, dass d'Dossieren iwwerméisseg laang an der Prozedur sinn.

Elo ass et net esou, dass dëst Gesetz just ab deem Moment géif gëllen, wann et a Kraaft trëtt, mee et ass eng Retroaktivitéit virgesinn, fir dass all d'Persounen, déi de Statut bis elo kritt hunn, dovunner profitéiere kënnen.

Da muss ee wëssen, dass de Statut vun der Protec-tion temporaire och en Accès op den Aarbechtsmaart gëtt. Sollte Leit, déi Beneficiaire vun enger Protection

temporaire sinn, eng Aarbecht hei zu Lëtzebuerg fannen, da geet fir si d'Affiliatioun normal iwwert d'Aarbecht weider. Sollte si déi Aarbecht verléieren, si si erëm als Beneficiaire vun enger Protection tem-poraire affiliéiert, ouni dass se vill Demarché maache musse.

Wat ännert sech elo an eiser Legislatioun konkreet? Et ginn zwou Ännerungen am Code de la sécurité so-ciale virgeholl. Dat ass eng Kéier den Artikel 1, wou d'Beneficiaire vun der Protection internationale an der Lëscht vun deene Leit, fir déi eng Affiliatioun obli-gatoresch ass, bäigefügt ginn. An eng zweet Änne-rung ass am Artikel 32 erëmzefannen, wou festgehal-e gëtt, dass de Montant vun der Cotisatioun vum Staat iwwerholl gëtt.

Nun hu mer zum Projet eng ganz Rei vun Aviser krut. Den Avis vum Conseil d'État huet eis drop higewisen, dass et kéint e verschiddenen Traitement gi vu Leit, déi de Statut vun der Protection temporaire hunn, a vun deenen, déi an der Prozedur sinn, fir DPI ze ginn. No den Erklärungen aus dem Ministère, vum Minister a senge Leit, konnten déi Suerge vum Conseil d'État entkräfft ginn.

Da krute mer weider Avisen, wéi dee vun der Handels-kummer, deen drop hiweist, dass et fir d'éischte Kéier ass, dass dee Mechanismus declenchéiert ginn ass. A mir kruten den Avis vun der Salariatskummer, déi dese Projet ënnerstëtzt.

Dann zur Prozedur, déi de Projet duerchlaft huet. Den Text ass den 23. März deponéiert ginn. De Staatsrot huet säin Avis den 1. Abrëll ginn. Nodeems de Projet en Dënschen an der Kommissioun presentéiert ginn ass, ass haut de Moien de Rapport ugeholl ginn.

Da just nach ee Sujet, deen an der Kommissioun uge-schwat ginn ass, deen ech Iech awer och nach wëll matdeelen. Dat ass, dass e Projet am Moment am-gaangen ass, dee finaliséiert ginn ass, deen och seng Wichtigkeet huet an deen e weidere Schrëtt a Rich-tung Couverture universelle vun de Soins de santé ass. Dir wësst, dass et eng Rei vu Virgesprécher gouf mat der Regierung an den ONGen, déi an deem Beräich tätig si fir Leit, déi duerch d'Sozialnetz falen a kee Ge-sondheetsschutz hunn, déi zwar traitéiert, behandelt ginn, wann et noutwendeg ass, an elo eng belaascht-bar Sécherheet kréien, dass se déi dote Soine kréien.

Den Här Minister huet eis informéiert, dass déi Aar-bechte kuerz virun der Finaliséierung sinn an dass mer deemno e weidere Schrëtt a Saache Couverture universelle maachen, wat eppes ganz Guddes ass a wat Lëtzebuerg ganz gutt zu Gesiicht steet.

Dat gesot, géif ech domat schléissen an den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deemem Projet ginn an Iech Merci soen, an och Merci soen der Kommissioun fir d'Flexibilitéit an hiren Aarbechten. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen.

### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur, dem honorabele Mars Di Bartolomeo, villmools Merci soe fir deen explizite Rapport, deen e gemaach huet. Ech mengen, et muss een och drop agoen, et ass ënnerstrach ginn: Dat ass elo eng Ännerung fir d'DPIen alleguerten. Et ass zwar elo d'Ukrain den Ausléiser, mee dat gëllt duerno fir jiddwereen, deen dee Statut huet. Dofir, déi Diskus-sioun, ob et eng Zwouklassegesellschaft gëtt oder net: Wann s de bis DPI bass, dann ass ee wéi deen

aneren, mee et ass eebe just d'Prozedur eng aner ginn. Virdu war et esou, wann s de nach an der Prozedur dra wars, konnts de net direkt dervu profitéieren, wat sech elo an dëser Situatioun ännert.

Mee ech ginn dervun aus, dass mer och nach wäerten Adaptatiounen maachen, an eng dovunner ass jo och déi, déi de Rapporteur elo just nach beschriwwen huet, wou souwisou jo soll eng Aide universelle kommen, wat d'ONGe jo och scho laang jore gefuerdert hunn a wat och ënnerwee ass.

Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV zu dësem Projet. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Spautz. An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Carole Hartmann.

**Mme Carole Hartmann (DP)** | Merci, Här President. De Rapporteur war effektiv ganz komplett an den Här Spautz huet u sech komplettéiert, wat ech nach wollt soen. Ech mengen, et ass wichteg, dass mer och deenen, déi an enger Protection temporaire sinn, eng direkt Couverture sociale hei accordéieren. An et ass och esou, dass dat heite sech elo op déi ukrainesch Leit applizéiert, déi déi Protection temporaire kritt hunn, mee dass natierlech an Zukunft, wann deen heite Statut och anere Leit sollt accordéiert ginn, dës Leit dann och vun där heite Couverture obligatoire profitéiere wäerten.

D'Demokratesch Partei ënnerstëtzt de Projet a gëtt heimadde den Accord. An den ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Hartmann. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabel Här Charles Margue.

**M. Charles Margue (déi gréng)** | Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säi Rapport. An ech sinn och ganz frou ze héieren, dass mer elo an der Couverture universelle endlech weiderkommen, dass mer an der leschter Ligne droite sinn. Ech hoffen, dass dat net just en Effet d'annonce war, mee en Effet d'annonce de réalisation! Wann d'ONGen derhannert waren, ech war och do informéiert an hunn et och heibanne probéiert; wann dat elo säi Wee hëlt, ass dat gutt.

Dee Projet vun haut ass och e Projet, wou mer eng sozial Gesetzgebung komplettéieren. De Rapporteur, deem ech Merci soe fir seng Ausféierungen, huet drop higewisen, dass en Avis vun der CLC do war. Mee an deem steet och – an et weist e weínege den Historique dovun –, dass mer eng Direktiv hate vun 2001, dass mer 2015 déi Direktiv ëmgesat hunn, mee dass mer déi Zeil, den Tiset 22, dee mer haut bäisetze fir d'Beneficiairë vun der Protection temporaire, nach net ageschriwwen haten. Mir maachen et elo, et ass net ze spéit, mee mir maachen et e weínege en urgence.

Dat ass an deem Sënn och net schlëmm, well mer et retroaktiv maachen op de 4. März. Mir maachen et och retroaktiv op den Dag vun der Demande vun deene Leit, déi se gestallt hunn, a virun allem, wéi de Rapporteur et gesot huet, ouni Karenzzeit. A fir d'Kanner ass vum éischten Dag un alles geregelt, egal wéi se hei sinn, ob mat hiren Elteren, ob mat engem vun den Elteren. Mir wësse jo, dass méi Mamme wéi Papp mat hire Kanner hei sinn, dat geet jo aus den Zuelen ervir.

Bon, dat ass eng gutt Saach. Ech wollt och, dass mer kënnen hin- an hierwieselen tëscht de Leit, déi jo da bei eis komm sinn an deene mer eng Aarbecht ginn. Ech wollt de Minister froen: Hu mer schonn eng Iddi, eng Schätzung, wivill Leit, wivill Ukrainer vun deenen, déi dann elo mat dem Ukrain-Krich heihikomm sinn,

eng Aarbecht fonnt hunn, dat heescht, déi elo sozial-verséichert sinn iwwer en Aarbechtsvertrag? Oder gëtt et doriwwer nach keng Informatiounen?

Mir hunn am Gesetzesprojet virgesinn, dass de Wäert, wat dat eis kascht, 6,5 Milliounen ass. Dat ass eng Schätzung, huelen ech un. Sinn d'Zuelen an deene leschten Deeg esou, dass mer dat no uewe musse revidéieren, oder net? Ech ginn op eng Nott an, déi de LISER etabléiert huet mam Zenario, wat eis nach kann erwaarden. A mir hunn alleguere keng Glaskugel, dat weess ech, mee si mer opgestallt, wann den Zenario kéint a Kraaft trieden, wou mer bis zu 14.000 Leit aus der Ukrain zu Lëtzebuerg hätten, hu mer dann déi néideg Taskforce stoen? Si mer och gerüst um Niveau vum ONA? Ech weess, dat ass net de Minister Claude Haagen, deen do zoustänneg ass. Mee fir dass mer net iwwerrascht ginn, stellen ech déi Fro, maachen ech déi Iwwerleeung.

Dëst gesot, ginn ech zu dësem generéisen a gudden Projet d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Margue. An da wier et um honorabel Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, och vun eiser Säit aus e grouse Merci un den Här Di Bartolomeo fir dee Rapport. Mir droen dee mat. Mir hunn dat vun Ufank u gesot, direkt no der Invasioun, dass mer gär hätten, dass déi Leit aus der Ukrain, déi Schutz brauchen, dee bei eis op eng generéis Manéier kréien. Dofir droe mer dat hei mat. Et ass e kloer Bekenntnis vun eiser Säit.

Ech wëll awer och akteieren, dass dat net heescht, dass mer eis allgemeng Positioun vun der ADR an Asylfroen géifen iergendwéi änneren. Dat maache mer net. Dat ass kloer, dass mir eng Ausnam gesi fir déi Leit aus der Ukrain an dowéinst och dat hei matdroen. Mir änneren och net déi Differenzéierung, déi mer maachen tëscht Leit, déi legal am Land sinn an illegal. Dat heescht net, dass mer net humanitär oder medezinnesch wëllen eppen fir déi Leit maachen, awer mir halen do op kloer Ënnerscheeder an dat gëtt och net duerch eise Jo zu dësem Projet iergendwéi a Fro gestallt.

Dat ass also eng politesch Reserv, déi ech maachen, awer mir soen e klore Jo zu deene Leit, déi aus der Ukrain bei eis kommen, fir Schutz ze fannen. Déi sollen déi beschtméiglech Konditiounen hunn. Dofir droe mir dat hei mat. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert bei déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Jo, och vun eis aus e grouse Merci un de Rapporteur. Also mir wäerten dat Gesetz hei matdroen, well et fir eis ganz kloer ass, dass mer Leit, déi viru Krich a Leed fortlafen, déi esou vill Misär hunn an déi mir dann ophuelen, dass mer deenen esou séier wéi méiglech an esou onbürokratesch wéi méiglech sollen hëlfe. An dat hei ass dee richteg Schrëtt, wann ee jo bedenkt, wat fir e Leed déi Leit matgemaach hunn, dass se sech krank gemaach hunn, dass se Sequellen hunn. Dofir ass et wichteg, dass se sech gesondheetlech kënnen behandle loosse an dass se dat och bezuelt kréien. An d'Krankekeess als Deel vun engem effentlech finanzéierte Sozialsystem iwwerhëlt dann och dës Käschten. Dat ass ganz wichteg vun eiser Säit aus.

Eng aner Saach, just eng ganz, ganz kleng Klammer, wat den Här Minister vläicht eng kéier kéint kucken: Bei de Studenten, déi ersetzte ginn, do ass et esou, dass se allkéiers aus der Krankekeess vun den Elteren erausgeholl gi, wou se doheem affiliéiert sinn, a si musse sech allkéiers erëm telefonesch zréck

dramellen, soss si se ouni Couverture. Dat kéint ee vläicht eng kéier kucken, fir dat och ze vereinfachen, well dat géif jo och vläicht de Leit, déi an deem Secteur schaffen, déi allkéiers mussen urufen, munches vereinfachen. Also kuckt dat vläicht eng kéier no. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabel Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Merci och un de Rapporteur fir säi Rapport, dee ganz exhaustiv war. Et muss ee vläicht soen, dass dat heiten e wichtige Projet ass an deem Sënn, dass mer endlech – an ech betoune wierklech „endlech!“ – mat engem Traitement ophale vun Demandeurs de protection internationale, wou se Bonge kruten, fir bei den Dokter ze goen, wou se quasi ëmmer Bittsteller waren, fir bei den Dokter kënnen ze goen. A wa kee Bong méi do war, hu se missen en neie Bong froen.

Hei gi se elo normal affiliéiert an domadder hu mer eng ganz Retsch vun deenen administrativen Hürden net méi. An ech mengen, dass mer dat schonn éischter hätte kënnen maachen. Mir hätten dat scho kënnen bei fréiere Flüchtlingswelle maachen. Mee et ass ni ze spéit, fir aus der Geschicht ze léieren.

Duerfir begreisse mir Piraten, dass dat hei geschitt, dass mer eng Simplification administrative am Interêt vu Mënsche maachen. An ech mengen, dass ass dat, woufir Politik soll stoen. An dat heiten – ech mierken, et gëtt jo eng Unanimitéit, mengen ech – ass e staarkt Signal vun der Chamber, fir awer ze weisen, dass mer eis Humanitéit net vergiess hunn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Sozialminister Claude Haagen.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale** | Jo, merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säin exzellente schrëftlechen a mündlechen Rapport. Ech iwwerhuelen dat, wat den Här Clement gesot huet, dass dëst e staarkt Signal ass. Unanimitéit an deem heiten Dossier, ech mengen, dass ass wonnerbar, well mir kréien deene Leit, déi voller Leed sinn, de Refugiéen, an deem Sënn gehollef. An dofir freet mech och besonnesch déi Unanimitéit.

Ech wëll op zwou, dräi Saachen agoen, déi hei ugeschwat gi sinn. Éischters, bon, firwat ass dat net schonn éischter geschitt, dass mer déi Emännung am Code de la sécurité sociale gemaach hunn? Dat ass richtig, hätt ee kënnen virdu maachen. Ech muss Iech soen, et ass fir d'éischt, dass den EU-Rot déi dote Prozedur gezunn huet.

Mir hätten och nach verschidden aner Méiglechkeete gehat, notament vläicht, dass unzepasse par rapport zu den Demandeurs de protection internationale, wat jo net gutt gewiescht wier. Mir sinn also op de Wee gaangen, fir hei zwou Prozeduren op een Niveau ze huelen, wat d'Berengung ubelaangt an den Traitement ubelaangt bei de Bénéficiaires de protection temporaire. Dat just op d'Remark, firwat dass mer et net éischter gemaach hunn: well et och éischter nach ni applikabel war. A meeschtens mierkt een et dann, an et ass jo gutt, dass mer esou séier reagéiert hunn.

Dat hei geet retroaktiv op de 4. März. Dir hutt dat gesot, dass fir eng Durée bis 2023, also och fir ee Joer. Dofir, d'Affiliationskonditiounen an och wat de Paiement ubelaangt, déi sinn dann och heimadde garantéiert an ofgeséichert.

Ech wollt just soen, well de Finanzement vum Här Margue ugeschwat ginn ass a wat et géif bedeuten,



wann elo méi Leit kéimen, méi Refugiéë kéimen: Da verschléisst sech Lëtzebuerg natierlech net. Deen heite Projet de loi, dat Gesetz hei ass ausgerechent op 5.000 Leit, déi an dee Genoss kéimen, déi dat géife beusprochen. De Rapporteur huet d'Donnéë gesot oder d'Zuele gesot vum 21. Abrëll. Ech kann Iech déi soe vun haut. Firwat soen ech dat? Well dat relativ wichteg ass. Mir sinn dann op 2.579 Bénéficiaires de protection temporaire. Dorënner sinn 1.297 Fraen an 306 Männer an 976 Kanner. Vun deenen 2.579 Bénéficiaires de protection temporaire hunn der 2.491 déi ukrainesch Nationalitéit an 88 hunn eng aner Nationalitéit, kommen awer aus der Ukrain a falen ënnert déi selwecht Konditiounen.

De Projet de loi ass estiméiert financièrement op en Afflux vu 5.000 Leit. Ech muss Iech awer soen, datt, esou wéi d'Tendenzen et erginn, den ONA scho reaktiv war an deem doten Dossier an och en Dépassement ugefrot huet fir wann eng Aggravation vun der Situation kéim, datt déi Montanten disponibel sinn. Mir schaffen also vir. Wa mer se net brauchen, tant mieux, mee et ass ugefrot an och accordéiert ginn, also accordéiert ginn, fir datt de Financement bereetgestallt ginn ass.

Wat d'Zuele vun der ADEM ugeet, hunn ech déi leider net am Kapp. Ech denken, datt et am beschte wier, mir géifen eng Kéier an der zoustänneger Kommissioun – Travail, Sociales –, wou jo och den Aarbechtsminister derbäi ass mat mir selwer vun Ministère, iwwert déi Zuele kucken, datt mer dat adaptéieren.

Mir kréien och Demanden – doriwwer sinn ech och frou – um Niveau vun der Regierung, haaptsächlech um Niveau vum Ministère du Travail, fir deene Leit bei saisonalen Aarbechten eng Aarbechtsplaz ze ginn. Och do sinn déi éischt Entrevuë geplangt, fir datt déi Leit och um Aarbechtsmaart kënnen aktiv ginn. Dat ass also och de Wee, op dee mer ginn, fir datt déi Leit hei och eng Aarbecht fannen, nieft natierlech deenen anere Leit, déi och am Chômage sinn.

Zum Schluss wollt ech soen, datt mir, datt ech op jidde Fall seelen eng Annonce maachen, déi sech net wäert réalisieren. An ech kann Iech versprechen, Här Margue, d'Couverture universelle wäert kommen, an déi wäert relativ séier kommen.

Dofir merci fir déi breet Ënnerstëtzung, déi Unanimitéit, an dat och am Numm vun de Refugiéen. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Sozialminister Claude Haagen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7982. Den Text steet am Document parlementaire 7982<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7982 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstention ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7982 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding par (M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 10. Motion de Mme Martine Hansen relative à l'introduction d'une prime pour les apprentis sous le « régime concomitant »

*(Motion déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 46 de ce compte rendu)*

Da kéime mer zur Diskussioun respektiv zum Vott vun der Motioun, déi d'Madamm Martine Hansen deposéiert huet. Wie wëllt nach dozou d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Baum.

### Discussion générale

**M. Gilles Baum (DP)** | Här President, ech géif Merci soe fir déi Motioun an ech géif proposéieren, well mer eis jo elo erëmgesinn an domadder rechnen och an der Commission „Tripartite“, dass mer dat heite sollte mat dohinner huelen. Dat ass déi richteg Plaz. Da wësse mer, wivill Studenten effektiv, wivill Auszubildender hei an de Genoss kéinte kommen. Dir hutt eng Propos gemaach, da kéint een déi chiffrieren.

Ech mengen, dat wär déi richteg Plaz, fir do effektiv mat Zuelen och kënnen ze beleeden, wat dat do géif kaschten. Ech fannen et op alle Fall eng ganz gutt Iddi. Ech begreissen déi Initiativ, déi Der hei geholl hutt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Baum. An ech ginn d'Wuert un den Auteur vun der Motioun.

**Mme Martine Hansen (CSV)**, auteure | Ech soen der DP an der Majoritéit Merci, datt se meng Iddi begreissen. An ech sinn natierlech averstanen, datt se an d'Kommissioun kënnt. Merci.

### Vote sur le renvoi de la motion en commission

**M. Fernand Etgen, Président** | Wien ass d'accord, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun un d'Kommissioun verwisen.

*(La motion de Mme Martine Hansen est renvoyée à la Commission spéciale « Tripartite ».)*

## 11. 7976 – Projet de loi portant modification de :

**1<sup>o</sup> la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises ;**

**2<sup>o</sup> la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une nouvelle aide de relance**

Da kéime mer zu dem leschte Punkt vum Ordre du jour vun dëser Woch, dem Projet Nummer 7976 iwwert d'Verlängerung vun temporairer Bähëllef u verschidde Betriber. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert direkt un d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, d'Madamm Simone Beissel.

### Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme

**Mme Simone Beissel (DP)**, rapportrice | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, jo, mir hunn allequerte vill geschwat an da geet dat heiansdo esou, a meng Stëmm, déi ass och net ideal.

Här President, erënnert Iech, am Februar, wéi ech hei virun Iech stoung, hat ech gesot, et wär méiglech, dass et net déi leschte Kéier wär, dass ech Iech géif e Covid-hëllefsgesetz presentéieren, fir eise Betriber entgéintzekommen. Haut stinn ech nees eng Kéier virun Iech an ech hoffen awer elo ganz ferm, dass et wierklech déi leschte Kéier ass, dass mer e Gesetz huelen, fir eise Betriber ze hëlfe, déi nach ëmmer vun der Pandemie impaktéiert sinn.

Mee leider ass et esou, a mir wëssen dat alleguerten, mir si bal knapps aus där enger Kris eraus, dann ass déi nächst schonn erëm amgaangen. Den Ukrain-Krich, d'Liwwerenskpass, d'Hausse vun den Energiekäschten hunn eng signifikativ Inflation ausgeléist. Déi beelaascht net nëmmen d'Kafkraaft vun eise Bierger, mee och eis Betriber müssen all do dermat kämpfen.

An Dir aant jo schonn, och am Kader vun den Diskussiounen an der Tripartite, dass mer héchstwahrscheinlech hei an dësem Haus an den nächste Wochen eng ganz Partie vu Gesetzter stëmme wäerten, anerer geziilt, fir och eise Betriber, déi elo ënnert d'neier Energiekris leiden, erëm ënnert d'Ärm ze gräifen.

Mee komme mer elo op de Projet 7976 zrëck. Erënnert Iech, mir hate schonn am Februar gesot, mir kommen elo an eng Phas vu Phasing-out, dat wëllt heeschen, dass mer lues a lues, an dëst also bis Enn Juni, d'Hëllef wäerten zrëckschrauwen. Vu dass dat och schonn am Februar, haaptsächlech vum Minister Lex Delles, ugekënnegt ginn ass, dass dat géif zrëckgeschrafft ginn, woussten eis Betriber also matzäit Bescheed, soudass also déi néideg Previsibilitéit a Planungsécherheet gi war.

Wann Dir mir elo sot: „Jo, mee eise Betriber geet et nach ëmmer net ganz gutt“, notament duerch déi Problemer, déi ech elo grad gesot hunn, Ukrain-Krich, Liwwerenskpass, Energiedierecht, dann ass dat scho richteg, mee ech muss Iech drun erënnere, dass dës Aiden an engem Lien direct mat der Pandemie vu Covid-19 geholl gi sinn. An dee Lien direct ass och d'Konditioun, dass Bréissel eis erlaabt huet, iwwerhaapt dëse Genre vun Aiden auszebezuken.

Dofir, jo, et geet eise Betriber liicht besser opgrond vun dem Erauskomme aus der Pandemie. Jo, d'Betriber wäerten nach weider geziilt aner Hëllef kréie fir déi nei Kris, déi kënnt. Mee wéi gesot, dat am Kader vun der Pandemie wäert erofgeschrafft ginn.

Här President, wie kann dann elo nach am Kader vum Projet 7976, also bis Enn Juni, vun dësen zwou Aidë profitéieren? Dir ernnert Iech, dat sinn déi zwee Gesetzter vun 19. Dezember 2020, wou mer de System vun engersäits den Aides aux coûts non couverts an anerersäits den Aides de relance ageféiert hunn. An et sinn déi zwou Aiden, déi virugeféiert ginn.

Och wann eise Minister, den Här Delles, eis zu der Aide aux coûts non couverts – huele mer déi emol als Alleréisch –, an de Kommissiounssitzunge gesot huet, dass d'Aussichten am Tourismussecteur effektiv no uewe weisen, sinn awer nach ëmmer verschidden Etablissementer impaktéiert.

Mir mussen awer och wëssen, dass mat dësen Aidë bien entendu net all Hotel oder Camping, deen hei viséiert ass, automatesch an de Genoss vun den Aidë kënnt. Nee, d'Konditiounen, déi virdrun an de Basisgesetzter festgesat gi sinn, déi lafe bien entendu hei virun, an dat ass: Am Kader vun der Aide aux coûts non couverts muss een eng Perte vum Chiffre d'affaires vu 40 % par rapport zu der Referenzperiod vun 2019 kënne virweisen.

A wéi gesot, krute mer och vum Minister an der Kommissioun gesot, an dat ass jo eng gutt Nouriicht, dass bei der Aide aux coûts non couverts d'Serie vun den Demanden, déi si erakriien, wierklech immens erofgaangen ass. Dat ass jo e gutt Zeechen, dass et awer erëm am Secteur unzitt.

D'Envergure vun der Hëllef, déi ass dann ab Mäerz 75 % an net méi 100 % vun de Käschten, déi nach iwwerholl gi sinn. An dat wësst Der, dat ass e System, dee leeft jo nach, 70 % vun de Käschte vun de PMEen an 90 % vun de Käschte vun de klengen Entreprisë ginn iwwerholl, mat Montante vu respektiv 20.000, 100.000 an 200.000 Euro. Dat ass also fir d'Aide aux coûts non couverts.

Här President, wat elo déi zweet Aide ugeet, d'Aide de relance, déi geet och Enn Juni zu Enn. Hei bleiwen et déi selwecht Acteuren. Dir wësst, d'Feld ass méi breed. Bei där éischter sinn et jo wéi gesot nëmme d'Hotelier an d'Camping. Hei sinn et déi, déi Der kennt: déi traditionell Betriber aus dem Secteur vun der Horeca, dem Kultursecteur, doniewent d'Gestionnaire vun der Formation professionnelle an, ernnert Iech, an deem leschte Gesetz hate mer dat ageféiert, d'Vendeure vun neien Autoen, déi sinn heibäi och nach eligibel.

D'Aide de relance ass méi einfach ze kriien, well et brauch een nëmme eng Perte vu 25 % vum Chiffre d'affaires par rapport zu der Referenzzäit 2019 virweisen. Wéi gesot, Enn Juni soll dës Hëllef dann och lues a lues auslafen. Fir d'Méint Mäerz an Abrëll ass et esou, dass et elo schonn erofgesat gëtt. Et gëtt nach 1.000 Euro pro Salarié oder pro Independant, dee schafft. Et gëtt awer näischt méi fir en Independant oder e Salarié, deen am Chômage partiel ass. An da fir d'Méint Mee a Juni gëtt et nach 500 Euro fir e Salarié oder Independant, dee schafft, an näischt méi och hei fir en Independant oder Salarié, deen, wéi gesot, am Chômage partiel ass. Zum Schluss kann een awer soen, dass d'Envergure vun dësen Hëlfele en gros wäert 12 Milliounen Euro ausmaachen.

Ganz kuerz nach e puer ganz wichteg Elementer aus de verschiddenen Avisen, déi mer erakritt hunn. Dat ass den Avis vun der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers, der Chambre des Salariés a vum Staatsrot. Fir den Detail verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an op d'Avise selwer vun dese berodenden Organer. Duerch d'Bank soe se alleguerter Merci, dass déi Aiden hei verlängert ginn.

D'Chambre de Commerce mengt, si géife vläicht net grad duergoen. D'Chambre des Métiers begreist och d'Verlängerung, acceptéiert awer och de Phasing-out.

Si seet just, dass se bei de Garagisten d'Feld nach gär verbreedert gehat hätt – dat hat se d'leschte Kéier schonn ugekënnegt –, an net nëmme fir d'Vendeure vun neien Autoen. Si maache sech natierlech alleguerter Surgen iwwert d'Inflatioun an iwwert déi Index-tranchen, déi am Gespréich sinn, déi do natierlech direkt drunhänken.

D'Chambre des Salariés, dat wësst Der, ass ëmmer méi kritesch. Quitte dass se d'Aidë begreist, seet se erëm wéi ëmmer, dass se u sech net frou ass, dass d'Ausbezuung vun Aiden net u sozial Krittäre gebonne ass, notament un de Maintien dans l'emploi. Si ass och net begeeschtert, dass, wann een eng Aide de relance ufreet an een déi och kritt, ee souguer bis 25 % vu sengem Effectif kann entloossen an trotzdeem nach d'Aidë ka kriien. Si begreist et awer, dass d'Organismes de formation professionnelle an de Genoss vun dësen Aidë kommen.

De Staatsrot war ganz konstruktiv. Vu dass et hei ëm eng Verlängerung vun engem Gesetz geet, koun natierlech keng Opposition formelle. Mir hate just legischesch Adaptatiounen an e puer Reformulatiounen, déi mer mat der Hëllef vum Ministère an den Text agebaut hunn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, zum Schluss e kuerze Bilan. Wa mer op déi zwee Joer zrëckkucken, wou mer eefel verschidden Aiden hei ausgeschafft hunn, dat heescht de Ministère, déi mir awer hei alleguerter duerchgesat hunn – eefel verschidden Aiden! – an op déi Aart a Weis, wéi mer et gemaach hunn, dann, mengen ech, kënne mer alleguerter zefridde sinn, well mat deene verschiddenen Aidë konnte mir wierklech valablement eise sämtleche Betriber zu Lëtzebuerg hëlfele.

D'Taktik vun der Regierung war jo déi follgend: hëlfele, adaptéieren, verlängeren. De System war esou: Sinn d'Restriktiounen an d'Luucht gaangen, sinn d'Aiden an d'Luucht gaangen. Vun deem Moment un, wou d'Restriktiounen gelockert gi sinn, sinn och d'Aidë lues a lues erofgeschrafft ginn, dat hat eng Logik, déi all Mënsch verstanen huet. An ech mengen, dee System huet an deenen zwee Joer seng Preuvë gemaach, well virun der Pandemie an och am Ufank, wéi et lassgaangen ass mat den Aiden, hate mer jo u sech Betriber, déi gesond waren, déi kompetitiv waren. An dee ganze But vun den Aiden, do ass jo drëm gaangen, fir deenen, déi ouni hir Schold, eeben duerch déi Pandemie, fir déi kee konnt, a Schwieeregkeete gerode waren, erëm eng Kéier ze hëlfele derduerchzekommen. A mir hu se elo esou wäit, dass se erëm kënne duerchstarten.

An ech mengen, mir kéinten alleguerter zesumme soen hei an deem Haus, an natierlech zesumme mam Minister Delles a senger Ekip: Mission accomplie!

Mir hunn eis voll un de Kader vu Bréssel gehalen. Mir hunn dee bis zum Schluss voll ausgenotzt, an nach eng Kéier, well et ass jo awer eng wichteg Zuel: Opgrond vun de Gesetzter, déi hei gestëmmt gi sinn, si vum Ministère awer 550 Milliounen Euro un de ganze betraffene Secteur ausbezuelte ginn! An ech mengen, dat ass e Chiffer, dee sech weise léisst.

Ier ech zum Schluss kommen, fir d'éischt dem Minister Delles a senger ganzer Ekip en härezeche Merci, mee och de Membere vun eiser flotter Classe-moyennes-Kommissioun, déi all flexibel a konstruktiv matschaffen a wou ëmmer flott Diskussiounen sinn. E grouse Merci all de berodenden Organer, déi gehollef hunn, an dann natierlech eise Sekretären, dem Dan Schmit an dem Gigo Lamesch, villmools merci, dass mer ëmmer esou schnell konnte schaffen. A bien entendu bréngen ech hei mat Freed den Accord vun der DP.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Rapportrice Simone Beissel.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen.

### Discussion générale

**M. Marc Spautz (CSV)** | Merci, Här President. Och villmools merci der Madamm Rapportrice, déi op hir gewinnt Aart a Weis de Rapport am Detail virgestallt huet an eis sot, wat bei dësem Gesetz zu deene Verlängerunge féiert. Et ass jo schonn eng Kéier eng Diskussioun gewiescht, firwat mer se nëmme e puer Méint verlängert hunn. Mir hu misse waarden op de Go vun der Europäescher Unioun, fir och kënne déi Primmern ausbezuelen.

Ech mengen, dat hei ass eng Verlängerung, déi elo gemaach gëtt an déi am Kader vu Covid-19 ze kucken ass. An et muss een och wëssen, bei Covid-19, och wa mer de Moment an der Aktualitéit nëmme nach op drëtter Plaz sinn, well d'Ukrain an aner Problemer sinn nach virdrun, dass déi Covidsituatioun nach ëmmer net gekläert ass an dass et nach ëmmer net ausgeschloss ass, dass mer nach eng Kéier, deemno wéi d'Situatioun beim Covid sech wäert entwéckelen, dat heite Gesetz musse verlängeren oder fir den Hierscht en neit Gesetz an déi selwecht Richtung musse bréngen. Et muss ee sech däre och ëmmer muss bewusst sinn.

Et muss een awer och ënnersträichen am Kader vun der Tripartite, vun deem Accord, deen do dran ass, dass, wann de Projet de loi oder de gesamte Projet de loi bis ënnerwee ass, dann och Betriber, déi elo vun dësen Hëlfele kënne profitéieren, da vun deenen aneren Hëlfele kënne profitéieren, mee dass et genausou logesch ass, dass de kee Cumul kanns maachen, dass de eng Kéier vun deenen engen a vun deenen aneren kanns profitéieren, dass dat net dran ass. Mee do hânt et dann och dovun of, wéini de Projet de loi, wat d'Moossname vun der Tripartite ubelaangt, kënnt. An et muss ee sech dann och bewusst sinn, dass do kee Cumul ka kommen.

Nach eng Kéier der Madamm Rapportrice merci fir déi Erklärungen an och dem Minister, dass mer op déi Froen, déi mer an der Kommissioun gestallt hunn, do och déi Antwerte kritt hunn, déi noutwendeg waren, fir och deementsprechend kënne Positionen ze huelen. An domadder ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Spautz. Da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Tess Burton.

**Mme Tess Burton (LSAP)** | Merci, Här President. Ech wëilt dann och gären der Madamm Beissel Merci soen. Den Här Spautz huet et och scho gesot, si war esou komplett, wéi mir dat ëmmer vun hir gewinnt sinn. Do ass näischt bäizefügen. Si huet souguer de Bilan zum Schluss gemaach. Mir hunn eelefmol déi Aiden hei ugepasst. Bon, mir hoffen, dass mer dës Kéier de Phasing-out hei packen.

Dat gesot, ginn ech natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Burton. Dann ass et un där honorabeler Madamm Stéphanie Empain.

**Mme Stéphanie Empain (déi gréng)** | Villmools merci, Här President. Ech soen och der Rapportrice e grouse Merci fir hire ganz detailléierte Rapport. Ech hunn do wierklech guer näischt, wat ech kéint bäifügen. Ech wollt awer och nach dem Här Minister



Merci soe fir déi vill Explikatiounen, déi mer ëmmer an der Kommissioun kréien, an natierlech och all de Beamten, déi elo all déi Méint, mengen ech, ganz vill hu misse schaffen, fir schnell deenen Demanden nozekommen. An ech hoffen och, dass mer dat da geschwënn net méi an där Intensitéit musse maachen.

Villmools merci an ech ginn och natierlech den Accord vun eiser Fraktioun.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Empain. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Merci, Här Präsident. Och vun eiser Säit aus der Madamm Beissel e grouse Merci. Mir hunn ëmmer gefuerdert während där ganzer Kris, dass d'Betribler sollte gehollef kréien, soulaang dat néideg ass, soulaang se net kënnen ënner normalen Émstänn schaffen. Dat gëllt och viru selbstverständlech. Am Fall wou et erëm sollt néideg ginn, wäerte mer dat hei wierklech musse viruféieren. D'ADR ass op jidde Fall der Meenung, dass mer dat sollte maachen. Bis elo huet et eebe gutt fonctionéiert. Mir freeën eis all doriwwer a mir stëmme selbstverständlech och dat hei mat.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. An dann ass et un där honorabelen Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Jo, och vun eis aus e grouse Merci un d'Rapportrice. Mee et wäert Iech net wonneren, mir als déi Lénk bleiwen eiser Linn trei. Mir wäerten eis enthalte bei deem heite Gesetz. An et ass esou wéi all Kéier bei deene Gesetzer a Verlängerunge virudr, dass et net esou ass, dass mir de Betribler dat net gënnen. Bien au contraire, vulnerabel Betribler solle gehollef kréien an et ass och immens wichteg, dass se gehollef kréien. Mee mir ralliéieren eis, wéi och vun Ufank un, dem Avis vun der CSL a mir bedauern et eeben, dass déi betriblech Aiden net gekoppelt sinn u sozial Mesuren, déi de Salariéen zeguttkommen, notament dass verbuede gëtt, dass Entloossungen do entstinn. Och dës Prolongatioun beinhalt dës Konditioun net. Et ass net esou, wéi den Här Minister Delles dat viru Méint gesot huet, dass mir géint déi Aidë wieren. Nee wierklech, mir si fir sozial Aidë fir Betribler, déi et brauchen.

Mir waren och an dësem Fall net géint dës Aiden, well se justement eebe cibléiert waren op déi Secteuren, déi wierklech immens vun der Pandemie betraff waren, net esou – elo ginn ech e bësse pickeg – wéi beim Tripartite-Accord, wou d'Regierung mat der Géisskan iwwer d'ganz Patronat fiert a grad deenen, déi och Rekordprofitter maachen, awer och Hëllef gëtt. Dat ass fir eis net sozial! Mir sinn och frou ze héieren, dass déi Aidë mëttlerweil ganz, ganz séier ausgeschott kënnen ginn, well dat jo am Ufank net de Fall war. Also e grouse Merci un dee Ministère. An ech mengen, dass et jo och eng Saach war vun der Gewunnecht, dass et herno eebe méi séier gaangen ass.

Wéi gesot, mir enthalen eis hei. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här Präsident. „Alle Jahre wieder“ ass et net grad, mee „alle drei Monate, alle Trimester wieder“ kéint een heizou soen. Ech mengen, déi ganz Diskussioun iwwer wéi laang een et hätt kënnen lafe loossen oder net, déi

erspuren ech eis dës Kéier. Mir hate se schonn e puermol an ech si mer sécher, de Minister hätt och erëm eng Äntwert dorobber prett.

Mee merci fir de Rapport, Madamm Beissel. Ech mengen, en ass „wie alle Trimester wieder“ ganz exhaustiv a komplett gewiescht. Mir hoffen, dass mer u sech keng Verlängerung méi brauchen an dass mer och net am Hierscht e Restart vun dësen Aidë brauchen. Mee mir musse kucken, wéi sech d'Situatioun entwéckelt. Mir musse virsichteg bleiwen. Mee bleiwe mer optimistesches!

A mir Piraten ginn eisen Accord fir dës Mesure.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Mëttelstandsminister Lex Delles.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes** | Merci villmools, Här Präsident. Loosst mech fir unzefänken natierlech der Rapportrice e ganz grouse Merci soe fir de mëndlechen, gradesou wéi och fir de schréftleche Rapport. Dir gesitt, Madamm Beissel, jiddweree gesäit et esou, dass Är Rapporten ëmmer ganz komplett sinn an d'Erklärungen och richtig sinn. Ech sinn awer och ganz frou, dass hei nach eng Kéier ënnerstrach ginn ass, dass dës Aiden hei sech eebe grad um Framework orientéieren an och wierklech just fir de Covid sinn.

Et dierf ee wierklech net déi zwou Saache matenee verméschen. Dat eent sinn Aiden am Kader vun der Energie, dat anert, dass sinn déi heiten, déi bezéie sech och just op de Covid.

Heimat huet dann och d'Regierung e Versprechen ageléist, an zwar, dass d'Aiden ëmmer erëm ugepasst ginn, ëmmer erëm analyséiert ginn. An ech mengen, am Ufank vun der Kris – ech ginn drop an, Här Clement, wann Dir et och net gemaach hutt – war Är Kritik: „Dat muss bis zum Schluss ...“, direkt elo musse mer virufueren. Mir musse soen, bis wouhinnet et geet.“ Ma eebe grad net!

An heimat gesäit ee jo och, wéi richtig dass et war, ëmmer erëm déi néideg Upassungen ze maachen an ëmmer erëm ze kucken, wouhinnet mer steieren, an och deenen Entreprisë kënnen déi Hëllefstellung ze ginn, genau esou wéi d'Madamm Cecchetti et elo nach eng Kéier ënnerstrach huet, cibléiert deenen Entreprises, déi et mussen hunn.

Ech hu just verstane bei Iech, Madamm Cecchetti: Dir sidd net fir déi Aiden hei, Dir sidd net dergéint, Dir sidd esou entre les deux. Ech muss awer soen, dass op den Delai hei ganz gutt opgepasst ginn ass, an ech hu just zwou Zuelen: Wann ee gesäit, dass am Dezember 2020 nach an der Aide aux coûts non couverts ronn 1.900 Dossieren de Mount erakomm sinn, am Fonds de relance ronn 1.000 Dossieren, esou gesäit een, dass am Februar an der Aide aux coûts non couverts, wat déi héchsten ass, nach 100 Dossieren erakomm si par rapport zu 1.800 (veuillez lire: par rapport zu 1.900) an an der Aide de relance nach 199 par rapport zu 1.000 am Fonds de relance. Dat heescht, et gesäit een éischstens emol, dass vill manner Demanden erakommen, an zweetens, dass de Shift komm ass vun där Aide vu 40 % Perte vum Chiffre d'affaires – dass ass jo och d'Selektivitéit, déi dran ass –, wou et erfroget op déi méi kleng vu 25 % Perte vum Chiffre d'affaires. D'Tendenz ass falend.

Nach ee positive Message, just fir opzehalen: Mir mierken awer och, dass de Business-tourismus lues a lues erëm besser leeft. Mir wëllen net soen, e leeft gutt, mee e fänkt lues a lues un ze lafen. Dat mierkt een dorun, dass op där enger Säit d'Businesshotellerie seet, dass se och erëm e bësse fonctionéiert, den Evenementiel elo eréischt säit e puer Wochen erëm ufänkt, anescht ze lafen – déi brauchen natierlech ëmmer déi Virlafzäit –, soudass ee ka soen, dass dat awer alles lues a lues erëm ufänkt. An duerfir och déi cibléiert Aiden hei, wou ech wëll e grouse Merci soen. Et gesäit een, dass et wäert eng Unanimitéit ginn. Merci villmools.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Mëttelstandsminister Lex Delles. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 7976. Den Text steet am Document parlementaire 7976<sup>7</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7976 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentatiounen ugeho.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung si fir den 3. a 4. Mee virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 17.19 heures.)

## Sommaire

- 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 51**  
M. Fernand Etgen, Président
- 2. Communications ..... p. 51**  
M. Fernand Etgen, Président
- 3. Ordre du jour ..... p. 51**  
M. Fernand Etgen, Président
- 4. 7914 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement de la mission de service public en matière de télévision, radio et activités digitales confiée à CLT-UFA et RTL Group pour les exercices 2024 à 2030 inclus ..... p. 52**  
M. Gilles Baum  
Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications : M. Guy Arendt  
Discussion générale : Mme Diane Adehm | Mme Francine Closener | Mme Djuna Bernard | M. Roy Reding | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7914 et dispense du second vote constitutionnel (interventions de Mme Simone Beissel, Mme Lydie Polfer et M. Guy Arendt)
- 5. Question élargie n° 142 de M. Marc Lies sur l'application de l'article 29bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain ..... p. 56**  
M. Marc Lies (intervention de M. François Benoy) | Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur | M. Marc Lies | Mme la Ministre Taina Bofferding

- 6. Motion de M. Fernand Kartheiser sur l'inclusion de la Chambre des Députés dans le processus de nomination des membres du Comité d'éthique et publication de tous ses avis ..... p. 58**  
Exposé : M. Fernand Kartheiser  
Discussion générale : M. Léon Gloden | M. Mars Di Bartolomeo | Mme Nathalie Oberweis  
Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État  
Vote sur la motion (rejetée)
- 7. 7672 – Projet de loi relative à l'agrément d'un système de qualité ou de certification des produits agricoles ..... p. 60**  
Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural : Mme Tess Burton  
Discussion générale : Mme Martine Hansen (dépôt des motions 1 et 2) | M. Gusty Graas | Mme Chantal Gary | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7672 et dispense du second vote constitutionnel  
Motion 1 : Mme Tess Burton  
Vote sur la motion 1 (adoptée)  
Motion 2 : Mme Tess Burton  
Vote sur la motion 2 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Taina Bofferding et M. Franz Fayot, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?  
(Négation)

## 2. Communications

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Bureau deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass och verdeelt ginn.

**Communications du Président – séance publique du 3 mai 2022**

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

7995 – Projet de loi 1. relatif à la qualité des eaux destinées à la consommation humaine et 2. modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau

Dépôt : M. Claude Turmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 26/04/2022

7996 – Projet de loi portant modification de la loi du 3 décembre 2014 ayant pour objet l'organisation des centres de recherche publics

Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, le 27/04/2022

7998 – Projet de loi instaurant un régime d'aides dans le contexte du système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre pour la période 2021-2030

Dépôt : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 28/04/2022

7999 – Projet de loi visant à mettre en place un régime d'aides sous forme de garanties en faveur de l'économie luxembourgeoise à la suite de l'agression de la Russie contre l'Ukraine

Dépôt : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 28/04/2022

8000 – Projet de loi portant transposition de certaines mesures prévues par l'« Accord entre le Gouvernement et l'Union des Entreprises luxembourgeoises et les organisations syndicales LCGB et CGFP » du 31 mars 2022 et modifiant :

1° l'article 3, paragraphe 7, de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'Etat ;

2° le titre I de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

3° le Code de la sécurité sociale ;

4° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

5° la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant modification 1. du Code de la sécurité sociale ; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant ;

6° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale ; et

7° la loi modifiée du 24 juillet 2014 concernant l'aide financière de l'Etat pour études supérieures

Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 29/04/2022

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2318 – Demande de pétition publique : Bus Parking op der Stäreplaz

Dépôt : M. Kevin Müller, le 26/04/2022

2319 – Demande de pétition publique : Hausse du nombre de voies réservées aux transports en commun et mise en place de règles de circulation aux abords de la Gare de Luxembourg

Dépôt : M. Jean-Baptiste Printz, le 27/04/2022

2320 – Demande de pétition publique : Adresse de référence, fir de Revis oder RPH unzeerkennen

Dépôt : M. Armand Raach, le 28/04/2022

2321 – Demande de pétition publique : Sofortiges Auflösen der Steuerklasse 1a!

Dépôt : Mme Anouk Audry, le 29/04/2022

2322 – Demande de pétition publique : Remboursement des accises et de la TVA sur les carburants et l'énergie aux résidents, travailleurs frontaliers et entreprises luxembourgeoises

Dépôt : M. João Paulo Ferreira, le 01/05/2022

2323 – Demande de pétition publique : Réduire le temps d'attente pour les mammographies au Luxembourg

Dépôt : Mme Marília Ribeiro Spera, le 02/05/2022

2324 – Demande de pétition ordinaire : Petitioun fir d'Wuelbefannen an d'Gesondheet vun eise Kanner

Dépôt : Mme Harpa Rún Tordardottir, le 29/04/2022

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire)

## 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, sou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?



(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

#### 4. 7914 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement de la mission de service public en matière de télévision, radio et activités digitales confiée à CLT-UFA et RTL Group pour les exercices 2024 à 2030 inclus

Den éischte Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7914 iwwert d'Finanzéierung vum öffentliche Optrag vun der CLT-UFA an dem RTL Group. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, den honorabelen Här Guy Arendt.

Den Här Gilles Baum freet d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Här President, merci fir d'Wuert. Als Member vum Conseil d'administration vun der CLT-UFA wäert ech net hei un den Debatten deelhuelen an natierlech och net un der Ofstëmmung. An dat selwecht ass de Fall fir de Kollege, den honorabele Claude Wiseler, an den Yves Cruchten, deen ech elo nach net gesinn hunn. Mir wäerten eis elo an en anere Sall beginn.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum. Ech huelen Akt vun Ärer gemeinsamer Deklaratioun a ginn d'Wuert un den Här Guy Arendt, Rapporteur vun dësem Projet de loi.

#### Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

**M. Guy Arendt** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, de Projet de loi 7914 verlängert déi aktuell Konventioun tëschent dem Staat an der CLT-UFA an dem Group RTL.

De Projet de loi ass den 23. November 2021 deposéiert ginn an ass de 4. Januar vun dësem Joer an der zoustänneger Kommissioun virgestallt ginn.

Zu dësem Text sinn zwee Avisen erakomm. De Staatsrot huet säin Avis zum Projet den 1. Abrëll vun dësem Joer erageschéckt an den Avis vun der Chambre de Commerce ass de 4. Abrëll nokomm.

Den Avis vum Staatsrot ass an der Kommissiounssitzung vum 19. Abrëll analyséiert ginn an dee selwechten Dag ass och de schrëftleche Rapport zu dësem Projet de loi ugehol ginn.

Firwat elo dësen Text? Erlaabt mer, de Kontext kuerz ze ëmräissen.

Déi aktuell Konventioun tëschent dem Staat an de Gruppen CLT-UFA an RTL leeft den 31. Dezember 2023 of. Fir dëst Engagement ze erneieren, hunn am Virfeld Negociatiounen stattfonnt an et huet ee sech op Modalitéiten kënnen eenegen, déi et dem Staat bis 2030 wäerte weider erlaben, de Grupp a senger Missioun als Service public finanziell ze ënnerstëtzen.

Wéi et och schonn an dem Exposé des motifs vum Text steet, huet d'Missioun vun der CLT-UFA an RTL als öffentliche Dénagscht mat hiren Aktivitéiten am Fernsee, Radio an och den digitalen Aktivitéiten hiren Ursprung am Joer 1995. Et sollt e Programm opgestallt gi vun öffentliche Interesse op Lëtzebuergeresch, deen op sozial a politesch Theemen ageet, deen awer och esouwuel kulturell Bäitrag wéi awer och de Sport couvréiert.

An der Tëschenzäit sinn déi Missiounen méi kloer definiéiert ginn, ënner anerem, fir eng méi onofhängeg Informatioun ze garantéieren. Am Géigenzuch dozou

goufen der CLT-UFA an RTL international Frequenzen zur Verfügung gestallt, iwwert déi de Contenu dann och konnt iwwerdroe ginn.

Dat huet bis 2020 och gutt funktionéiert, allerdéngs hu sech d'Gewunnechte vun dem Public, wéi e sech informéiert, geännert, esoudatt d'Valeur vun deene Frequenzen no an no ofgehol huet. Am Géigenzuch dozou sinn d'Produktiounskäschten iwwert déi lescht Jore weider an d'Luucht geklommen. De Finanzement, wéi en de Moment en place ass, ass net méi un déi aktuell Situatioun ugepasst. Den öffentliche Fernseesdénagscht verzeecht grouss Verloschter an de Staat huet sech fir d'Period 2021 op 2023 engagéiert, eng Rei vun deene Käschten ze iwwerhuelen. Doropshin eeben déi virdu schonn ugeschwaten Negociatiounen, fir ze kucken, wéi een de Finanzement zukunftsécher kéint gestalten.

D'Missioun als Service public ass ausgeweit ginn. De Finanzement vun Staat ass plafonéiert a kéint als Complement zu de Recettes publicitaires vun engem Apport financier a vun enger Réserve financière vun der CLT-UFA.

Fir eng besser Previsibilitéit ze assuréieren an d'Aktivitéiten besser kënnen ze plangen, ass dësen neien Text dann och net méi just op dräi Joer, mee op siwe Joer ausgeluecht. De Finanzement ass gedeckelt gi mat engem Maximum vu 15 Milliounen Euro, déi kënnen ausbezuel ginn. An ech wäert nach eemol kuerz op enzel Detailer agoen.

Zu den Artikelen: Et sinn der am Fong dräi. Am éischten Artikel ass festgehalen, dass de Staat d'Autorisatioun huet, sech un der Finanzéierung vun der CLT-UFA an RTL hirer öffentliche Missioun – Telesprogrammer Radios-transmissionen an Änlechem – vun 2024 bis 2030 ze bedeelegen.

Den Artikel 2 hält fest, dass de Finanzement op e Maximum plafonéiert ass an net iwwer e Montant vun operéiert 97,6 Milliounen hors TVA an dat iwwer eng Period vu siwe Joer kann erausgoen. Déi staatlech Ausgaben dierfen och de maximale järelechen Defizit net iwwerschneiden. Fir all Joer gëtt hei e Montant kloer festgehalen. An ech hat et gesot, déi staatlech Depensen dierfen och déi 15 Milliounen Euro net iwwerschneiden. Dës Zomm gëtt och net un d'Liewenskäschten ugepasst. Weider sinn och Iwwerschëss, déi net benotzt gi sinn, net op déi nächst Period iwwerdrobar.

Komme mer zum leschten Artikel, dem Artikel 3, dee beseet, datt déi järelech Ausgaben, déi sech aus dem Artikel 1 erginn, op de Budget falen an net op e spezielleschen Artikel am Budget imputéiert ginn.

Point de vue Avisen hat d'Chambre de Commerce de gesellschaftleche Wäert vum öffentliche Radio- an Televisiounsprogramm als wichteg fir d'Gesellschaft unerkant. Och fir de Staatsrot war et ganz kloer, dass de Finanzement vu Servicer, déi vun öffentliche Interesse sinn, wat fir si hei offensichtlech ass, ënnert de Benefiss vu staatlechen Aidé soll falen.

Fir all weider Detailer verweisen ech op déi enzel Avisen an de schrëftleche Rapport. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Guy Arendt.

An éischten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als CSV wäerte mir de

Gesetzesprojet vun haut de Mëtteg matstëmmen. Op d'Detailer muss ech net méi agoen, well den Här Arendt wéi ëmmer en exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport gemaach huet. Duerfir beschränken ech mech dann och drop, fir op verschide Punkten anzegoen, déi awer fir eis als CSV wichteg sinn.

Fir eis ass et äusserst wichteg, dass mer haut iwwer de Gesetzesprojet ofstëmmen. Duerfir begrësse mir och ausdrécklech, dass d'Regierung op de Wee gaangen ass, fir dat heiten an e Gesetzestext anzefaassen, an dat am Aklang mam Artikel 99 vun der Verfassung.

Am Fall vun dëser Konventioun leie mir, wéi et gesot ginn ass, bei engem Betrag vun eppes iwwer 97 Milliounen Euro, dat Ganz iwwer siwe Joer verdeelt mat engem Maximum vu 15 Milliounen Euro pro Joer.

Wann ech awer méi op den Inhalt un der Konventioun aginn, stelle sech e puer Froen. Mir hunn notament d'Fro gestallt, firwat déi Konventioun elo schonn ausgehandelt ginn ass, well et jo eng Konventioun gëtt, déi aktuell nach leeft, an déi nei Konventioun soll eréischt den 1. Januar 2024 a Kraaft treden. Hors, d'lescht Joer am Fréijoer, also 2021, hu mer schonn eng éischte Keier doriwwer an der Chamber diskutéiert. Am Hierscht hu mer se virgestallt kritt a wéi gesot elo am Januar hu mer driwwer diskutéiert.

Mir stellen eis och d'Fro, firwat dass déi nei Konventioun direkt iwwer siwe Joer leeft, well déi lescht eigentlich iwwer dräi Joer fir de Fernsee an zéng Joer fir de Radio gelaf ass. Als Äntwert hu mer kritt, dass et hei géif ëm d'Previsibilitéit fir d'CLT-UFA goen. Si missten an neit Material investéieren an duerfir hätte si gären déi Previsibilitéit, mee mir géifen eis als CSV wënschen, dass jiddwereen, deen eng Konventioun mam Lëtzebuerger Staat huet, kéint vun esou enger Previsibilitéit profitéieren, wéi dat am Fall vu CLT-UFA de Fall ass.

(Brouhaha)

Wat de finanzielle Volet vun der Konventioun ugeet, do war et esou, dass bis elo de Lëtzebuerger Staat 10 Milliounen Euro pro Joer bezuel huet an d'CLT-UFA huet 5 Milliounen Euro bezuel.

Mat där Konventioun, déi mer haut stëmmen wäerten, soll de Staat an Zukunft bis zu 15 Milliounen pro Joer bezuelen, während den Apport vun der CLT-UFA vu 5 Milliounen graduell op 2 Milliounen pro Joer wäert erofgoen. D'Erklärung, déi mir op eis Fro kritt hunn, war, dass de Wäert vun de Frequenzen eroffgaange wier, an duerfir géif d'CLT-UFA och an Zukunft manner bezuelen.

(Brouhaha)

Wat d'Missioun vun der CLT-UFA ugeet, esou gëtt an där neier Konventioun definéiert, wat déi Missiounen all solle sinn. Mee wéi de Medieminister eis an der zoustänneger Chamberskommissioun gesot huet, ass dës Konventioun éischter e Kader an et kéint ee sech virstellen, dass nach spezifesch Konventiounen nokommen, wéi zum Beispill, fir Medienerziéung oder fir Filmer ze produzéieren.

Als CSV wiere mir frou, wa mir an Zukunft géifen iwwer esou eventuell Konventiounen informéiert ginn.

A wat d'Mission de service public ugeet, esou huet och d'Chambre de Commerce sech e bësse méi kritesch geäussert a si huet gesot, dass iwwert dës Wee eng Gefor vu Konkurrenz géintiwwer privaten Acteuren um Marché géif bestoen, well et ass jo esou, dass an dëser Konventioun de Service public esouwuel am Televisiounsberäich wéi um Radio, awer och op den digitale Plattformen virgesinn ass. An hei riskéiere grad eng Partie kleng Acteuren, déi am Nischeberäich tätég sinn, an d'Hannertreffen ze geroden. Ech denken do zum Beispill un e Radio ARA, mee et gëtt awer och ee Radio,

dee vill méi bekannt ass, dat ass den 100,7, deen och vill am kulturelle Beräich ënnerwee ass.

Mir wëssen allegueren heibannen, dass de Medieberäich amgaangen ass, sech ze änneren, och duerch d'Digitaliséierung an dësem Beräich. An d'Konsumgewunnechte vun de Leit, déi hunn am Medieberäich geännert, an duerfir ass et wichteg, fir eng grouss Villfalt un Acteuren um Marché ze hunn, grad a sou engem klengen Land, wéi mir et sinn.

Aus dëse Grënn géife mir et och begrëssen, wa géif eng gesamt Evaluatioun vum Mediesecteur gemaach ginn, an domadder menge mer net nëmmen déi geschwaten, audiovisuell Medien, mee och déi schrëftlech Medien.

Ofschléissend frot Dir Iech bestëmmt, wann Der mer nogelauschtert hutt, firwat mir als Fraktioun dann awer dës Konventioun matdroen, wa mer se trotzdem kritesch bekucken. Mee als CSV sti mir hanner engem staarke Service public. Grad an dësen Zäiten ass et wichteg, dass d'Leit richteg informéiert sinn an dass se sech selwer hir Meenung bilde kënnen. Dofir stëmme mir de Gesetzesprojet vun haut mat. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Adehm. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, en ass blatzeg ginn, den „L“ am RTL-Logo. Net fir d'Leit zu Lëtzebuerg, mee fir d'Aktionäre vu Bertelsmann spillt Lëtzebuerg als Marché just nach eng ganz, ganz kleng Roll. Et ass net nei, wou d'Musek spillt. Et ass net hei, wou se spillt. D'Sue ginn net hei verdéngt. Och dat ass net nei, mee d'Problematik ass ëmmer méi akut ginn. An d'Froe leien op der Hand: Wëlle mer no 2023 weiderhin en nationale Lëtzeburger Televisiounssender behalen? Wëlle mer e „Journal“ op Lëtzebuergesch? Wëlle mer Emissiounen kucken a lauschten iwwer dat, wat an eise Land geschitt, déi sech mat Land a Leit, Sport a Kultur, Gesellschaft a Wirtschaft vun heiheem befaassen?

Fir eis sinn dat rhetoresch Froen. Mee wa mer dat wëllen, an d'LSAP wëllt dat, da muss mer bereet sinn, Suen an de Grapp ze huelen, well dat alles gëtt et net zum Nulltariff, net bis 2030 an och a scho guer net duerno.

An deene leschte Joren hu mer gesinn, mat wéi enge Schwierigkeeten d'Medie konfrontéiert sinn. Nach d'lescht Woch huet dat neit Mammenhaus vum „Lëtzeburger Wort“ gemellt, datt hir Zeitung an Zukunft an der Belsch gedréckt gëtt. Dat seet jo awer vill aus iwwer den Zoustand vun eiser Press. D'Restrukturéierung vun der ganzer Medi Landschaft ass nach laang net eriwuer. An och fir Tëlee a Radio sinn d'Zäiten net méi einfach ginn.

Déi sozial Media par konter ginn ëmmer méi wichteg a virun allem och méi nützlich fir d'Annonceuren. E Betrib oder eng Mark kann um Internet vill méi cibléiert u potenziell Clienten erukommen, wéi wa se e Spot um Radio oder op der Tëlee géif schalten. An natierlech – an de Rapporten huet dat jo och gesot an ech soen him natierlech och ausdrécklech Merci fir säin ausféierleche Rapport – ginn d'Frequenzen ëmmer manner wäert als Folleg vun der Digitaliséierung.

An der Konsequenz gëtt de Marché Lëtzebuerg fir de private Mediebetrieb RTL ëmmer manner interessant. Onofhängeg vu senger Betriebsform ass RTL awer nu mol eisen nationale Sender an enk mat der Geschicht vun eise Land verbonnen. Dofir steet d'LSAP hanner dëser Konventioun, déi der CLT-UFA, dat heescht RTL, vun 2024 bis 2030 Finanzmëttel assuréiere soll,

fir weiderhi senger Missioun vu Service public gerecht ze ginn, op der Tëlee, um Radio an um Internet, an, och dat ass wichteg, op Lëtzebuergesch an der Haaptsaach, awer net nëmmen!

Wat bedeit dat konkret? An der Konventioun, déi mat RTL negociéiert gouf, ass zum Beispill festgehalen, datt RTL Télé all Dag e Journal vun op d'mannst enger halwer Stonn muss ubidden. Um Radio mussen d'Informatiounen zu de beschten Auerzäiten diffuséiert ginn. Um Internet mussen déi verschidden Artikelen verfügbar sinn. Dat si just e puer Beispiller.

Wichteg ass der LSAP, datt eng Ekip vu professionnelle Journalisten weiderhi seriö, kredibel Norichten, net nëmmen, mee och op Lëtzebuergesch, produzéiert. A ganz wichteg: Doduerfir, datt dës Finanzéierung gesetzlech festgeluecht gëtt, ass séchergestallt, datt keen Drock vu Politik oder soss staatlechen Apparaten am Alldag op déi jeeweileg Redaktiounen kann ausgeübt ginn. Wéi wichteg esou eng Onofhängegkeet ass, weist jo aktuell de Krich an der Ukrain respektiv déi Aart a Weis, wéi an de russesche Medien doriwwer bericht gëtt!

Mee qualitativ héichwäerteg journalistesch Aarbecht kritt een, wéi gesot, net zum Nulltariff, au contraire, et kascht vill Geld. Mir schwätzen hei vu bal 100 Milliounen Euro iwwer siwe Joer. Et gëtt der CLT-UFA virun allem awer hire Mataarbechter och Planungssécherheet a fir d'Medie ganz schwéieren Zäiten. An et ass och en Invest an d'Promotioun vun eiser Sprooch, well dersonner géifen et keng Neiegekeete vun nationaler Envergure op Lëtzebuergesch op der Tëlee ginn.

Op där anerer Säit huet RTL awer Efforte gemaach, fir der Diversitéit vum Land Rechnung ze droen, mat RTL Today an dem 5minutes, wat jo an der Tëschenzäit eng reell Plus-value ginn ass.

Donieft sinn eis awer och aner Punkten aus der Konventioun wichteg wéi den Engagement, deen RTL a Saache Medienerzéiung uegt a muss ugoen. Dat ass e Punkt, op dee mer besonnesch wäerten oppassen, deen net dierf letzte morte bleiwen, an dann natierlech och d'Formatioun vun de Journalisten. An Zäiten, wou jiddereen op YouTube oder Facebook Journalist ka spilen, kënnen traditionell Medien nëmmen iwwerliewen, wa se kredibel sinn, d'Trennung vu Fakten an der Interpretatioun vu Fakte propper maachen, e Meerwäert liwweren, dee wuelverstanen net puere Boulevard oder Änlechens dierf sinn.

Kuerz, Dir hutt et verstanen. D'LSAP steet zu dësem Finanzéierungsgesetz an zu der Konventioun, déi derbäigehéiert. Mee: Gouverner, c'est prévoir. An duerfir solle/musse mer eis elo och direkt Gedanken maache fir d'Zäit vun no 2030. Wëlle mer laangfristeg, d'Beitounung läit op „laangfristeg“, e private Betrib domat beoptragen, eise Service public zu Lëtzebuerg ze assuréieren, oder sollt een dat net léiwer awer engereffentlecher Struktur uvertrauen?

Natierlech weess keen, wéi eis Welt an aacht Joer ausgesäit, wéi d'Digitaliséierung eist Liewe weider verännert, méi oder manner disruptiv, mee Stand haut si mer der Meenung, datt ee laangfristeg gesinn en eegene Lëtzeburger effentlech-rechtliche Televisiounssender sollt opbauen. Dat stoung esou an eise Walprogramm 2018. Dozou sti mer och weiderhin. Eng Struktur, déi dann net op Revenuen aus Reklammen ugewise wier an déi och net op den Interêt vun Aktionäre muss Rücksicht huelen, mee wou de programmatesche Schwéierpunkt op Norichtesendungen, Reportagen an Dokumentatiounen géif leien. Dat heescht awer net, datt den Entertainment tabu wär, sécher net!

Eng effentlech Struktur kann esou engere Missioun gerecht ginn. Dat weist jo d'Beispill vum Radio 100,7. Et wier eng Pist, datt en deen zu engem Fernseesender

kéint ausbauen. Kéint! Net „misst“! Et muss eis awer eng Iwwerleeung wäert sinn. Eng aner Méiglechkeet wier zum Beispill eng Zesummenaarbecht mat engem effentleche Sender aus der Groussregioun: mam „Saarländischen Rundfunk“, „France 3 Grand Est“ oder „Arte“, fir nëmmen déi ze nennen. Mir sollten do keng Pist ausschléissen. Just eng reng privat Schinn weiderzefueren, dat muss nu wierklech net sinn.

Dat heite Gesetz gëtt eis elo Rou an där Saach, wéi gesot bis 2030. An ech wëll och ënnersträichen, datt de Staat der Firma CLT-UFA déi technesch Installatiounen jo kann ofkafen, wann d'Konventioun ofleeft an net verlängert gëtt, fir datt mer dann net bei null géifen ufänken, wann en effentlech-rechtliche Sender sollt op Sendung goen.

Deemno ginn ech den Accord vu menger Fraktioun fir dee Projet de loi, awer wéi gesot net, fir elo einfach d'Joer 2030 ofzewaarden, mee fir d'Zäit ze notzen, fir eppes Neies op d'Been ze stellen. Den „L“ an RTL ass fir Lëtzebuerg selwer an och fir d'LSAP jiddefalls net verblatzt. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Closener. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Här President, säit 1995 hunn d'CLT-UFA an den RTL Group en Opdrag, fir effentlech-rechtlech Programminhalter ze diffuséieren. Säitdeem sinn déi Missiounen a successive Konventiounen ëmmer méi wäitreechend a méi prezis definéiert ginn. Um Niveau vum Finanzement war et bis 2020 esou, dass d'CLT-UFA als Kompensatioun vum Staat gratis Frequenzen zur Verfügung gestallt krut. Mat der technologescher Entwécklung huet sech awer virun allem an deene leschten zwee Joerzénge d'Ekonomie vun der Medi Landschaft rapid entwéckelt.

Als Konsequenz dovunner hunn déi Frequenzen weider u Wäert verluer, soudass de Lëtzeburger Staat säit 2021 eng direkt Finanzéierung fir de Service public am Tëleesberäich virgesäit. A mat där neier Konventioun fir 2024–2030 an dem Gesetz vun haut wissst de Plaffong dofir dann elo bis op maximal 15 Milliounen d'Joer.

Inhaltlech si meng Virriednerinnen a Virriedner schonn op d'Konventioun agaangen. Besonnesch ervirhiewe wëll ech aus grénge Siicht, dass hei eng Klausel bäigesat gouf, déi eng equilibréiert Representatioun vun de Geschlechter an de Contenuen ustriift an awer och d'Auswäitung vun de Missiounen an de Beräicher Kultur an Éducation aux médias.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Mir begrëssen och nach eng Kéier, dass déi méi grouss Transparenz a Kontroll um Niveau vun der Commission de suivi aus der aktueller Konventioun wäert virugefouert ginn, wéi och den onofhängegen Auditing vun der Kontabilitéit.

Als Verriederin vun der Chamber läit et mer um Häerzen, d'Anhale vun der Konventioun ze kontrolléieren an natierlech och, falls dat gewünscht ass, an der zoustänneger Chamberskommissioun ze rapportéieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Theema vun der Präisdeierecht beschäftegt eis jo dëser Deeg vill. Et ass laut Konventioun esou, dass d'Participatioun vum Staat zwar engersäits indexéiert ass, mee awer och anerersäits e fixe Plaffong vu 15 Milliounen pro Joer besteet. Scho bei enger lueser Entwécklung vun de Präisser wéi bis virun e puer Méint wär dee Plaffong warscheinlech erreicht ginn an domat missten d'CLT-UFA an RTL zousätzlech Käschten droen. Mat der



Präisentwécklung, wéi se haut ze erwaarden ass, ass deen Zenario ëmsou méi warscheinlech. An als Gréng begrësse mer hei d'Ausso aus de Kommissiounssaar-bechten, dass eventuell Méikäschtchen net an éischter Linn beim Personal musse kompenséiert ginn.

Här President, dës Konventioun an déi dozougehöreg Finanzéierung betrëfft net just déi zwee Vertrags-partner CLT-UFA beziéungsweis RTL an de Staat. Déi ganz Lëtzebuerger Mediawelt ass zanter Jore gekenn-zeechent vun der Roll vun dësem grouse privaten Acteur. An deementspriedend ass et wichteg, fir den Impakt op de gesamte Sektour net ze vergiessen.

Mat der technologescher Entwécklung a Richtung Crossmedia riskéiert sech d'Mediekonzentratioun nach ze verstärken, dat, well déi verschidde Contenus vu Radio, Télé an Text sech kombinéieren a weiderv-wäerte loossen a sech esou natierlech och géigesäiteg kënnen valoriséieren. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, fir Initiative fir de Mediapluralismus ze fërderen. An do huet dës Regierung an der aktueller Legislaturperiod eng ganz Rei Initiative geholl, respektiv wäert déi nach huelen.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Ech denken un den neie Regimm vun der Pressehëllef, wou déi souge-nannten Éditeurs citoyens, also d'Community-Medien, eng gesetzlech Unerkennung an eng finanziell Ënner-stützung kréien.

E weidert Beispill vu Mediapluralismus, wat eis Gréng ëmmer erëm um Häerz lounge, ass de Radio ARA, deem säin Iwwerliewen 2021 iwwer eng Konventioun mam Medieministère konnt séchergestallt ginn.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | An och d'Ënner-stützung vun de klengen an onofhängege Radiosender beim Déploiement vum digitale Radiostandard DAB+ ass e Beispill, wéi d'Regierung de Mediapluralismus fërdert. Hei waarde mer ganz gespaant op d'Feuille de route fir den DAB+, déi de Medieminister fir dës Mount an Aussicht gestallt huet.

*(Interruption)*

Här President, mediapolitesch si nieft der Presse-hëllef-Reform, dem neie Statut fir de Radio 100,7 an elo der RTL-Konventioun an dëser Legislatur och eng ganz Rei wichteg Direktiven aus dem Beräich Digital-es ëmgesat ginn.

Mat dem Digital Services Act, wou rezent en Accord tëscht dem EU-Parlament an dem Rot fonnt gouf, annoncéiert sech schonn e weidere Meilesteen mat medierechtliche Konsequenzen.

Eng weider wichteg Direktiv fir d'Mediellandschaft betrëfft déi sougenannt SLAPP-Kloen, dat heescht de Versuch, fir ënner anerem Journalistinnen a Journalis-ten iwwer onbegrenzt Gerichtsaffären ënner Drock ze setzen. Dësen Text ass eréischt virun e puer Deeg publizéiert ginn a geet elo zu Bréissel an Negociatioun-en. An am Sënn vun der Presse- a Meinungsfräiheet si mir als Gréng der Meinung, dass Lëtzebuerg sech energesch fir dës nei Direktiv soll staark maachen, sief et elo op europäeschem oder spéider bei der Trans-position op nationalem Plang.

An dann, dat sief zum Schluss bemierkt, hu mir och op reng nationalem Plang nach e puer Hausaufgaben ze maachen, zum Beispill bei der Verbesserung vum Informatiounszougangrecht, vun deem besonnesch Journalistinnen a Journaliste profitéieren.

Här President, zum Schluss vu menger Ried wëll ech dem President-rapporteur villmools Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mündlechen Rapport an ech

si ganz frou, heimat den Accord vun der grénger Frak-tioun ze ginn.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Ma-damm Bernard. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo. Merci, Här President. Och ech wollt ufänken dermat, fir dem honorabele Guy Arendt Merci ze soe fir deen exzellente Rapport, wou all Nolauschterer an Nokuckert vu Chamber TV ver-stanen huet, wourëm et haut geet.

Mir brauchen d'Wichtigkeet vum Group RTL net weider ze debattéieren. Et war e groussen, et war e wichtigen, et war en historesche Schrëtt, wéi aus der Wochesen-dung „Hei elei, kuck elei“ an, Mars, „Buona Domenica“ déi dagdeeglech Sendung op der Télee gouf.

An och wann d'Televisioun, et ass hei scho gesot ginn, mat Sécherheet ëmmer méi u Wichtigkeet ofhëlt: Fréier war owes, oder eebe sonndes, Télee kucken eng Aart „mediaalt Lagerfeier“ fir d'ganz Famill. Den Dag drop oder no der Sendung huet een diskutéiert, wat ee gesinn huet a wat ee gewuer ginn ass, an dat war och eng Aart „soziale Kitt“ fir eis Gesellschaft.

Haut ass dat leider Vergaangenheet. Speziell Jonker kucken ëmmer manner Télee, mee léiwer Streaming-Plattformen. Och ganz allgemeng bei der Gesamtbe-vëlkerung ass d'Télee-kuck-Zäit op d'Hallschent vun der „Gesamtkuckzäit“ geschrumpft.

Et ass also vertriebt an den Ae vun der ADR, den eenzege flächendeckenden Téleesender a Lëtzebu-erger Sprooch mat Steiergelder ze subventionéieren. Effektiv erfëllt RTL eng wichteg Aufgab, eng Mission de service public. An dohier ass et och wichteg, dat qualitativ héichwäerteg Programmer gewise ginn a qualitativ héichwäertegen a pluralistesche Journalis-mus gemaach gëtt.

**Une voix | Très bien!**

**M. Roy Reding** (ADR) | Dat ass d'Konterpartie vun der Finanzéierung duerch d'Allgemengheet. Deen Usproch ze respektéieren, ass ëmsou méi wichteg, wéi déi Muecht, déi RTL ausüübt an ausübe kann, dat een déi net därer ënnerschätzen. D'Medien all-gemeng, an de Group RTL am Besonneschen, deci-déiere finalement, wat fir eng Theeme wichteg sinn, wat op der Agenda ass. Den Agenda-Setting läit an hiren Hänn.

Geféierlech gëtt et da mam Framing. Wat fir een Deel-aspekt vun engem Theema gëtt an de Vierdergrond gestallt a wat fir een Interpretationsspillraum sugge-riert? An dat ass besonnesch schlëmm, wann dann alternativ Frames feelen. De Bierger verléiert d'Be-wosstsäin, dat d'Berichterstattung perspektivesch ass an de Saachverhalt net am Ganzen ofdeckt. Hie kritt e Meinungsklima mat. Stinn ech mat menger, enger anerer Iddi hannen um Enn aleng do? Ass meng Posi-tioun hannen um Enn moralesch verwerflech, well ech dat esou suggeréiert kréien? Wie wëllt schonn anescht si wéi d'Majoritéit? Wéi soe mer sou schéin zu Lëtze-buerg: „Maach et wéi d'Leit, da geet et der wéi de Leit.“

Mir als ADR hoffen, dat déi versprache Meinungs-vill-falt, dee Pluralismus, ...

*(Brouhaha)*

... déi éierlech a qualitativ héichwäerteg Berichter-stattung net eidel Wieder bleiwen.

An déi Hoffnung gëtt getrübt, wann een Aussoen héiert vun enger RTL-Journalistin an engem Commen-taire, deen zum Beispill iwwer sozial Medie geet. Dës Medie wiere geféierlech an ech zitieren elo

wuertwärtlech: „well een do ka schreiwen, wat ee wëllt, ouni vun de Journalisten zenséiert ze ginn“. Ech denken, do musse gewësse Leit hir Jobdescription no-liesen. Hir Aufgab ass net ze zenséieren. Hir Aufgab ass, ze recherchéieren, ze informéieren, mee ganz be-stëmmt net, Meinungen ze zenséieren.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Roy Reding** (ADR) | Mir hoffen also, wéi gesot, dat RTL versteet, dat e Service public net besteet, fir de Bierger ze beléieren, net, fir en ze erzéien, a scho guer net, fir seng Meinung ze manipuléieren.

An an deem Sënn gi mir als ADR eis Zoustëmmung zu dësem Gesetz. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Reding. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minis-ter, léif Ministesch, fir d'éischt dem Här Rapporteur e grouse Merci fir dës Rapport.

Mat dësem Gesetz gi mer jo der Regierung d'Recht, d'Mission de service public vun der CLT-UFA, déi Firma also, déi RTL Radio an Télee bedreift, ze finanzéieren, eng Mission de service public, eng Missioun am Inter-essi vun der ganzer Gesellschaft, also eppes immens Wichtige. Doriwwer si mer eis, mengen ech, haut eens.

Et geet drëms, d'Leit sou objektiv wéi méiglech ze in-forméieren, wat am Land an an der Welt lass ass, an dat ganz am Respekt vu seriöse journalistesche Quali-téitskrittären, am Aklang mat de gesellschaftlechen a sproochleche Realitéiten am Land.

Esou steet et dann och an der Konventioun, déi de Staat mat RTL soll ofschléissen am Kader vun dëser Mission de service public. De Staat léisst sech dat Ganzt iwwer siwe Joer, vun 2024 bis 2030 inclus, 97,5 Milliounen Euro kaschten, mee et dierfe pro Joer net méi wéi 15 Milliounen Euro un RTL fléissen. De Mon-tant, deen RTL dann effektiv kritt pro Joer, hänkt dann och vun der Héicht vum Defizit of, deen et ze kompen-séiere géllt.

Sou wäit, sou gutt. Mir stellen awer trotzdeem och hei eng Rei Froen.

Här President, wat wichteg ass, wann een enger priva-ter Firma Sue gëtt, fir esou eng Missioun ze erfëllen, ass natierlech d'Kontroll. Op där enger Säit muss sécher-gestallt ginn, dass RTL a senger Missioun deenen héije Qualitätsstandarde gerecht gëtt. An op där anerer Säit muss natierlech och dee finanzielle Volet kontrolléiert ginn. Et handelt sech jo schliisslech ëm eng Mass vun effentleche Gelder.

Wat d'Kontroll vun de Qualitätsstandarden ugeet, si mir skeptesch. Déi éischt Kontrollinstanz ass de Comité d'éthique, deen RTL selwer zesummestellt an dee kee Pouvoir décisionnel huet.

Da kënn d'ALIA, d'Autorité luxembourgeoise indé-pendante de l'audiovisuel. Et ass bekannt, dass d'ALIA ënnerbesat ass. Et kënn och elo nach eng nei Mis-sioun derbäi an zwar déi vun der Walcampagnes-beobachtung, och wann elo dofir eng Persoun méi age-stallt gouf.

An zum Schluss gëtt et dann nach d'Commission de suivi, an där e Commissaire du Gouvernement sëtzt, een Deputéierten an och Leit, déi de Minister, deen d'Medien a senger Kompetenz huet, dohi wëllt set-zen.

Dës Kommissioun muss op d'mannst zweemol d'Joer zesummekommen a si huet eng reng konsultativ Roll. Mir fannen, dass dat kee ganz staarke Kontrollmechanismus ass, fir iwwer siwe Joer bal 100 Milliounen Euro un öffentleche Gelder auszeginn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Wat d'Finanzen ugeet, ass et dann e bësse besser, mee am Staatsrot sengem Avis, dee sech justement och mat der Konvention auserneeetzt, steet och eppes Interessantes. En onofhängege Réviseur d'entreprises, dat steet esou an der Konvention, muss den Dekont kontrolléieren an et muss eng separat Kontabilitéit fir d'Mission de service public an de kommerzielle Volet ginn. Très bien!

Mee de Staatsrot seet awer och, dass dee ganzen Allocatiounsmechanismus net wierklech kontrolléiert gëtt, a proposéiert, dass de Réviseur och déi strikt Kontabilitéitsrennung soll ënnersichen an e Rapport iwwert d'„répartition des coûts entre les deux comptabilités séparées de CLT-UFA“ – dat war en Zitat – maache misst. Firwat? Eh ben, ech zitieren nach eng Kéier: „afin d'assurer un contrôle complet de l'exécution de la convention“.

Mir gesinn also, dass fir eis dat heiten en immens wichtige Punkt ass, deen esou net virgesinn ass. An en vue vun der Wichtigkeet vun dëser Missioun wäer mir ganz frou, wann der Remark vum Staatsrot och kéint Rechnung gedroe ginn. Ech mengen, d'Konvention ass jo nach net ënnerschrifwen, souwäit ech weess. Vläch kann een dat jo nach matafléisse loossen.

Här President, prinzipiell bedauere mir nach ëmmer, dass eng privat Entreprise eng Mission de service public muss erfüllen, well eng Mission de service public ass esou wichtig an enger Demokratie, déi eppes op sech hält an déi, wéi mer wëssen, duerch ganz vill Krisen am Moment geet. Mir mengen nach ëmmer, dass Lëtzebuerg e richtigen öffentliche-rechtlechen Tëleessender brauch. An „öffentlech“ heescht net Staatstëlee. Den 100,7, eisen öffentliche-rechtleche Radio, weist, dass e politesch onofhängeg an neutral ka sinn. Mir sinn der Meenung, dass et privat Interessie sinn, déi de Qualitätskrittäre vun der Berichterstattung am Wee kënnen stoen.

Medie si kee Commerce an dierfe kee Commerce sinn. Dofir ass hir Roll an enger Demokratie vill ze vill wichtig. Dat ass awer leider am Moment Wonschdenken. RTL ass nu mol eng privat Entreprise an hiert éischt Uleies ass net den öffentlichen Interess, och wa ganz vill Journalisten do eng ganz gutt Aarbecht maachen.

Dat, am Zesammenhang mat enger schwächerer Kontroll, mécht, dass mir dësem Gesetz an der Konvention kritesch entgéintkucken. A mat dëse Bedenke géif ech dann och matdeelen, dass mir éischer zur Abstentoun tendéieren. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Och merci dem Guy Arendt fir dee gudden schréftlechen a mëndlechen Rapport.

Sécherlech ass et jidderengem bekannt: Als klengt Land hätte mer kee Radio- oder keen Tëleessender, wann net de Staat géif eebe mathëllefen. Dat ass nu mol e Fakt, egal wéi mer et dréien a kéieren. Dat ass natierlech net e Fräifaartsschäi fir eng Monopolstellung, mee et ass awer esou, dass ee muss déi Press ënnerstëtzen, fir dass se deementspriedend kann hir Aarbecht maachen.

Dofir wäerte mir Piraten och haut eis Zoustëmmung ginn, mee mir maachen natierlech drop opmierksam, dass mer och an dësem Dossier Wäert op e Maximum un Transparenz leeën an deenen nächste Joren. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Premier- a Medie-minister Xavier Bettel.

### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci fir d'éischt dem Guy Arendt fir dee schréftlechen an dee mëndlechen Rapport, deen hei presentéiert ginn ass.

A wann ee vun Transparenz schwätzt, an ech mengen, d'Noriichten, déi Informatioun, ass en Deel vun Transparenz, sinn ech och ganz frou, dass eng Klass vum Fieldgen, wann ech richtig verstanen hunn, Här President, och haut mat engem Deputéierte vun der Majoritéit an engem vun der Opposition zesummekomm ass, fir en Echange mat hinnen ze hunn. Dat gehéiert fir mech och zu där Transparenz, déi een an der Politik soll hunn, den Echange mat de Bierger.

Tatsächlech, en Echange, deen direkt ass, ass och e ganz effikassen Echange an en ass méi interaktiv wéi dat op der Tëlee. Mee d'Tëlee ass e wichtigen Deel vun de Sources d'information vun de Leit. A wann Der déi lescht Analysen och vu Plurimedia liest, gesitt Der, dass och den Taux de pénétration vun der Lëtzebuerger Tëlee ganz, ganz grouss ass.

Déi éischt Saach ass d'Fro: „Firwat elo schonn eppes, wat eréischt 2024 soll a Kraaft trieden?“ Hei geet et ëm e groust Wuert an do si verschidde Kontradiktiounen souguer vun deem engem a vun deem anere gesot ginn: Et geet ëm Previsibilitéit. Déi Leit, déi do schaffen, froe sech: „Wéi geet et weider?“ Verschidde Kolleegen hei, d'honorabel Madamm Closener sot: „Den ‚L‘ hautdesdaags, wéi laang ass en nach do?“

Jo, mir sinn eis eens: Lëtzebuerg war attraktiv, well mer Frequenzen haten. Mir waren attraktiv, well een hei zu Lëtzebuerg eppes kritt huet, wat een net onbedéngt op anere Plaze kritt huet. An do ware mir kompetent. An dat huet souguer dann eebe Sue kompenséiert, déi ee soss investéiere muss, fir iwwerhaupt kënnen hei zu Lëtzebuerg „plus ou moins rentrer dans ses frais“ – wann een dat kéint soen.

Mir si frou, dass RTL hei ass. A gleeft mer et, dass et permanent ... An ech soen och dem Service, dem SMC (nltr: Service des médias, de la connectivité et de la politique numérique), e ganz, ganz grouse Merci fir dee permanenten Echange, dee mer hunn, dee Kontakt, dee mer hunn, fir eeben och déi Presenz zu Lëtzebuerg ze festegen. An do sinn historesch Lienen. Et sinn affectif Lienen.

Mee tatsächlech, haut gëtt och gekuckt, wou een ... An d'Mobilitéit ass haut och eppes anescht wéi virun e puer Joren. An dofir ass et fir eis wichtig, éischens, dass mer elo scho festhalen, dass mer déi Konvention hunn, an zweetens, och méi laang hunn, dat heescht, bis 2030. Dat heescht, dass och déi Leit, déi elo do schaffen, méi laang Previsibilitéit hunn, wéi et iwwerhaupt weidergeet. Dat heescht, dat bréngt Stabilitéit an dat bréngt och virun allem Rou bei deene Leit, déi do sinn.

De Fait ass, jo, et si vill Suen, well déi Frequenze tatsächlech haut manner wäert sinn. Dat ass eng Realitéit. Ech sinn awer och ganz frou, dass d'Mammenhaus awer decidéiert huet, och nach weider Suen bäizeleeën, fir Iech den Defizit ..., net ganz ze soen: „Hei, Staat, kuck, dass de ganz eleng eens gëss!“ Ech

mengen, d'lescht Joer waren et fënnf Milliounen, sauf erreur de ma part, wou si selwer gesot hunn: „Hei, mir leeën déi jo och bäi“. Mir wëssen, dass et och lues a lues wäert erofgoen, mee do ass och en Engagement, deen do ass.

Ech brauch elo net nach eng Kéier e Rapport ze maachen, ech mengen, den Här Arendt war méi komplett, wéi ee gebraucht huet, dat heescht, wou wierklech alles gesot ginn ass a sengem mëndlechen a sengem schréftlechen Rapport. A mir sinn eis bewosst, wéi wichtig et ass.

Ech wëll elo net op déi Poleemik agoen, well dat wier och vläch e falscht Gefill, andeem een hinne géif soen: „Dir sidd elo do. Dir sidd e Service public, mee mir kucken nach Lénks a riets, wat et nach vun anere Méiglechkeete ka ginn.“ Dir wësst, dass d'Regierung ni ausgeschloss huet, dass een iwwer verschidde Saache soll diskutéieren, mee et soll een awer och kucken, wat de Käschtepunkt ass. An dat war deen ..., an ech wëll just drun erënnere, dass mer gesot hunn: „Wa mer de Käschtepunkt awer kucken, gëtt et ganz schwéier, iwwerhaupt ...“

A mir hu schonn Experienze gehat vu Leit, déi probéiert hunn, eng zweet Tëleeschäin ze hunn. Erënnert Iech, et sinn zu Lëtzebuerg Tëleeschäin ginn, déi sinn all verschwonnen oder déi gëtt et nach lokal, well d'Gemeng se ënnerstëtzt, fir lokal Aktivitéite kënnen ze bréngen, mee soss national packt keen et, fir hei zu Lëtzebuerg, mat deem Marché, dee mer hunn, mat där Audienz, déi mer hunn, iwwerhaupt nach kënnen ze liewen.

An dowéinsten soll ee sech och bewosst sinn, dass mer hei Professionalismus, eng Experienz hunn, an och d'Material, dat mer hunn, wou mer et och iwwert de BCE fäerdegbréngen, d'Material hei ze gebrauchen.

Dowéinsten, ech soe Merci fir déi grouss Zoustëmmung, déi ech hei an dësem Haus kritt hunn. Et ass berouegend fir d'Leit, déi do schaffen. An, ech wëll dat net vergiessen, hei geet et och ëm Aarbechtsplazen. Et geet och ëm Informatiounen, et geet ëm Transparenz an och ëm Qualitéit, well ech wëll Iech just drun erënnere, dass mer an dësem Haus och zesumme jo diskutéiert hunn an dass mer jo och verschidde Reegele gemaach hunn, déi et virun net gi sinn.

Qualitéit ass haut eppes ..., et geet net ëm d'Quantitéit, et geet net ëm Stonnen, sou wéi mer virun och an der Papier presse haten, wou d'Zuel vun de Säite gekuckt gouf, wëll ech Iech drun erënnere, mir haten eng Machine à ..., mir haten eng Imprimerie à billets. Dat heescht, wat ech méi Säite gedréckt hunn, wat ech méi Sue kritt hunn. Hei geet et och net drëms, dass ee bei RTL seet: „Kuckt, dass Der déi Stonne féllt! Et ass eis egal mat wat!“, nee, mee dass zesumme gekuckt gëtt, fir Qualitéit och ze hunn.

Dofir e ganz, ganz grouse Merci fir déi grouss Zoustëmmung hei am Haus. An och merci der Madamm Adehm, déi och gesot huet, dass mer e Gesetz wollte maachen. Mir mengen, dass et vill méi propper war, hei direkt dës le départ ze plangen an ze wëssen, dass et iwwert déi Zuel géif goen, déi och dann e Gesetz géif brauchen, amplat elo wëllen ze kucken, wéi een dat kéint evitéieren. Hei hu mer en toute transparence ... Well säit laange Joren huet een d'Gefill, wéi wann dat eng Omertà wier, soubal een driwwer géif schwätzen. Kann een? Kann een net schwätzen? Hei hu mer en toute transparence ënnerschrifwen. Jiddweree ka kucken, wat mer mat hinnen uitgemaach hunn, an och, wat et kascht. An ech mengen, dat ass och ganz, ganz wichtig.

Dofir, Här President, e grouse Merci.





**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Premier-a Medieminister Xavier Bettel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zum Vott iwwert de Projet de loi 7914. Den Text steet am Document parlementaire 7914<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7914 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un.

(Interruptions)

Jo. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 52 Jo-Stëmmen ...

**Mme Simone Beissel** (DP) | Nee. Nee. Här President, wannechgelift ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir maachen déi Korrektioun duerno dann, fir genau ze kucken, wéi a wat.

(Brouhaha)

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Da probéiert vläicht nach eng Kéier.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ok. Da maache mer de Vott nach eng Kéier.

**Une voix** | A!

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech erënneren drun, datt ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kënnen mat ofzestëmmen.

Mir widerhuelen dann elo de Vott a stëmmen nach eng Kéier of iwwert de Projet de loi 7914.

D'Ofstëmme fänkt un.

**Plusieurs voix** | Nee!

**M. Fernand Etgen**, Président | Nee.

**Une voix** | Et geet net!

**M. Guy Arendt** (DP) | Et geet guer näischt!

(Brouhaha et concertation interne)

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir kënnen de Vott korrigéieren. Ech mengen, u sech ass dat kee Problem.

(Exclamations)

Dat maache mer méi dacks.

Dëse Projet de loi ass mat enger grousser Majoritéit ugehall.

(Hilarité)

Mir wäerten Iech dat am Fong duerno kommunikéieren.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7914 est adopté par 51 voix pour et 2 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Serge Wilmes et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*M. Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 5. Question élargie n° 142 de M. Marc Lies sur l'application de l'article 29bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain

Mir kommen dann elo zur erweiterter Fro Nummer 142 vum Här Marc Lies iwwert d'Applikatioun vum Artikel 29bis vum Gesetz iwwert d'Gemengeplanung. Här Lies, Dir hutt d'Wuert. Als Auteur vun der Fro hutt Der fënnef Minutten, fir Är Haaptfro ze stellen an no der Äntwert vun der Madamm Ministesch eventuell eng Zousazfro. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Lies, wannechgelift.

**M. Marc Lies** (CSV) | Jo. Merci, Här President, fir d'Wuert. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ma ech mengen, de Wunnengsbau, awer och deen erschwéngleche Wunnengsbau, läit eis alleguerten um Häerz an ass eis wichteg. Och d'CSV-Fraktioun schafft zanter Joren aktiv doru mat, fir datt eeben den erschwéngleche Wunnengsbau verstärkt och a gesetzlecher Form ka propagéiert ginn.

Ech hunn haut de Mueren en Artikel am „Lëtzebuerger Wort“ gelies, wou d'Madamm Inneminister sech dann och dorop bezunn huet, notament wat dann d'Dispositioun vum Pacte Logement ugeet respektiv deen ominéisen Artikel 29bis, wou d'Madamm Minister da seet: „Et ass sécherlech ze laang gewaart ginn, fir verschidden Dispositiounen ze huelen.“ Madamm Minister, ech ginn Iech do honnertprozenteg Recht!

An deene leschten néng Joer ass leider dee Moment op legislativer Basis, wat den erschwéngleche Wunnengsbau ugeet, net allze vill geschitt. D'Präisser hu sech zanter 2014 quasiment verduebelt, wat de Wunnengsbau ugeet. Leider ass während néng Joer um legislative Plang net vill geschitt. Do hutt Der absolutt Recht!

An duerfir ass et wierklech un der Zäit, datt do déi richtig Mesuren ergraff ginn. Leider och vu Säite vun der CSV. Dat hu mer iwwert déi lescht Méint ëmmer nees monéiert, datt de Pacte Logement 2.0 sécherlech en Text ass, deen elo en place gesat ass, wou sech awer definitiv méi Froe stellen, wéi sech effektiv dann Äntwerten domat erginn.

Mir stinn honnertprozenteg zum erschwéngleche Wunnengsbau. Mir hunn iwwert déi lescht Joren och eng ganz Partie Amendementer, Propose gemaach, souwuel gesetzlech Propose wéi dann awer och Amendementer, déi gemaach gi sinn am Kader vum Pacte Logement 2.0.

Mir hunn och Propose gemaach, wat d'Implikatioun vum privaten Investisseur ugeet, datt dee verstärkt soll an dat soziaalt Mietboot matgehall ginn. Fir eis ass et essentiell, datt an Zukunft och eng Perimetererweiderung muss gemaach ginn.

(Interruption par M. François Benoy)

Här Benoy, Dir hutt net d'Wuert. Ech hunn d'Wuert!

(Interruptions)

Jo. Jo. Ben ...

(Interruption)

Här President, den Här Benoy schwätzt déi ganz Zäit dertëscht. Wann en eng Fro huet, kann e se ganz gär stellen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Lies, loosst Iech net esou séier ...

**M. Marc Lies** (CSV) | Nee. Nee. Ech wëll Iech just drop opmierksam maachen. Et ass ëmmer den Här Benoy. Also allkéiers, wann een op dës ...

(Interruptions)

**Une voix** | O!

**M. Marc Lies** (CSV) | Jo, jo, jo.

Voilà! Duerfir, also, ech fuere virun.

(Brouhaha)

Här President, ech wäert dann e puer ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Sou, elo huet just nach den Här Lies d'Wuert!

**M. Marc Lies** (CSV) | Voilà, ech wäert dann e puer Sekonne weider kréien, well wann ee sech déi ganz Zäit gestéiert fillt hei vun der lénks Säit, dann ass dat net ganz förderlech.

(Brouhaha)

Wat d'Bauperimetererweiderung ugeet – elo wäert den Här Benoy sech dann nach eng Kéier mellen –, si mer absolutt dervun iwwerzeegt, datt eng Bauperimetererweiderung an deenen nächste Jore soll a muss gemaach ginn, well effektiv d'Terrainen, déi momentan am Bauperimeter sinn, déi sinn net méi ze bezuelen, fir erschwénglech Wunnengen iwwerhaupt nach kënnen ëmzesetzen.

(Interruptions)

Voilà! Wat elo den Artikel 29bis ugeet, Madamm Minister, dat ass eigentlech d'Essenz, firwat ech de Mëten hei stinn, fir effektiv do eng Partie Froe beäntwert ze kréie vun Är Säit aus, well eis d'Ëmsetzung vun deem ganzen Artikel 29bis nach ëmmer net ganz kloer ass a mer och net esou richteg verstinn, wéi dat soll ëmgesat ginn.

Duerfir follgend Froen:

Wat elo d'PAPen ugeet, déi bis kuerz virun der Oflafzäit vum 18. Februar da gemaach goufen: Wéi vill verschidde PAPe si bis den 18. Februar agereecht ginn? Sinn dës PAPen aus urbanistescher, technescher, juristescher Siicht och ëmsetzbar?

Elo, wat den 19. Februar ugeet, wat den Artikel 29bis ugeet, wou dee jo eréischt an Applikatioun komm ass, géife mer och gär wëssen, wéi vill PAPen zanter dem 19. Februar am Ministère erakomm sinn. Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt d'Baudicht, fir erschwéngleche Wunnraum ze schafen, bei all nei PAP ouni Upassung vum PAG ëmsetzbar ass?

Ech huelen e Beispill: An engem klengen Duerf, wou effektiv eng gréisser Baulück ass, wou e PAP „nouveau quartier“ misst gemaach ginn, riets a lénks stinn Eefamiljenhaiser, an hei op der Parzell dertëscht géif an Zukunft dann ee Stack weider gebaut ginn, dat huet natierlech eng Implikatioun op d'Noperschaft. A wa keng PAG-Upassung gemaach ass, och gemaach muss ginn, da kënnen d'Nopere kee Recours dergéint aleeën, wat de PAG en tant que tel ugeet. An duerfir, aus Transparenzgrënn an aus Biergerrechtsgrënn wier

et awer wichtig ze wëssen, ob effektiv eng PAG-Opassung muss gemaach ginn. Jo oder Nee?

En plus si mir der Meinung, datt sech d'Gemengen, wa keng PAG-Opassung gemaach gëtt, an d'Illegalitéit géife versetzen.

Bis haut weess nach ëmmer kee sou richteg, wat déi genau Modalitéite si bei enger Cessioun vun 10 %, 15 % oder 20 % erschwénglechem Wunnraum. Wéini soll dës Konventioun mam Promoteur gemaach ginn? Virum Vott vum PAP oder duerno? Wann duerno an et gëtt keng Opassung gemaach, kéint et da bei juristischem Sträit net zu enger onméiglecher Situatioun fir déi jeeweileg Gemeng kommen?

Ech hu mir soe gelooss, datt Äre Ministère och eng falsch Berechnungsbasis wëllt applizéieren bei der Cessioun. Och hei ee Beispill: De Promoteur kritt 10 % méi Baudicht bei engem Terrain vu beispillsweis 10.000 m<sup>2</sup> Surface construite brute. Dat géif 11.000 m<sup>2</sup> erginn. Déi 15 %-Cessioun, déi fir erschwénglech Wunnenge misst gemaach ginn, géif awer op deenen 11.000 m<sup>2</sup> an net op deenen 10.000 m<sup>2</sup> berechent ginn. Duerfir och do, ob dat esou stëmmt oder net.

#### (Interruption)

Momentan sinn am Gesetz zum Pacte Logement 2.0, also och an der Applikatioun vum Artikel 29bis, keng Modalitéite festgehalen, ënner wat fir enge Konditiounen datt eng Cessioun vun 10 %, 15 %, 20 % misst gemaach ginn. Néierens steet, wéi vill de Meterkaree vun der Surface construite brute fir d'Baukäschten, Honorairen a sou weider ze kaschten, huet.

Kann ech dovun ausgoen, datt d'Regierung am Allgemenge beim Bau vun erschwéngleche Wunnenge propagéiert, datt entweder d'Gemengen oder d'Promoteurs publics dës Wunnengen an Egeregie solle bauen? Och hei e kuerzt Beispill: Mir bleiwe beim PAP vun 10.000 m<sup>2</sup> respektiv 11.000 m<sup>2</sup>. An dësem PAP ginn zwee Gebaier vu jeeweils 5.500 m<sup>2</sup> gebaut. Am Ganze kënnen 70 Wunnenge gebaut ginn, 35 pro Gebai. 1.500 m<sup>2</sup> muss cedéiert ginn. Dat ginn ongeféier zéng Wunnengen. Soll an dësem Fall de private Promoteur 60 Wunnenge bauen an déi reschtlech 10 Wunnengen um leschte Stack, oder wou och ëmmer, sollen da vun der Gemeng oder vum Promoteur public gebaut ginn?

Ech soen Iech Merci fir Är Attentioun a si gespaant op d'Äntwerten. Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Lies. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Inneministesch Taina Bofferding.

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Gutt. Här President, dem Här Lies seng Ausféierungen hu mer ganz gutt gefall am Ufank, wéi e gesot huet: „Mir sinn eis eens.“ Do war e mer ganz sympathesch. Bis dann dee grouse „leider“ komm ass. Mee gutt. Et bitt sech dann d'Geleehheet, nach eng Kéier op e puer Punkten anzegoen.

Ech muss just soen, dass ech awer iwwerrascht sinn, wann esou gemaach gëtt, wéi wann et nach esou vill Froe géife ginn an esou vill Modalitéiten net gekläert wäeren. Well och verschidde Froen, déi Dir gestallt hutt, hu mer eigentlech schonn deemools gekläert, wéi hei d'Gesetz gestëmmt ginn ass. Mee gären huelen ech mer awer nach eng Kéier Zäit, fir drop anzegoen.

Dir hutt gefrot, wéi vill PAPen elo erakomm si virum Akrafttriede vun der neier Dispositioun. Do kann ech Iech soen: An deene leschten dräi Méint, dat hu mer nogekuckt, sinn eng 88 PAPen erakomm. Ech kenne se elo net alleguerten auswenneg, dofir kann ech elo net drop agoen, inwiefern se realisierbar sinn, ob do

eventuell nach soss Punkte waren, déi nach en Diskussionsbedarf hunn. Ech kann Iech just soen, dass et der 88 waren, wat effektiv e Rush ass par rapport dozou, wat mer soss gewinnt sinn. Wat evident ass, wann een eng Deadline gëtt, dass der nach e puer dovunner profitéieren, zemoos wa se an der finaler Ausféierung sinn, eeben nach dovunner profitéieren, fir dat zu den aktuellen ale Krittere kënnen ze maachen.

Säit dem 19. Februar, dat hunn ech bei mengem Service nogefrot, ass ganz genau ee PAP bis elo erakomm. Dat wëll awer net heeschen, dass der net an de Gemengen agereecht gi sinn, mee d'Gemengen hu jo ee Mount Zäit, fir se bei eis dee Moment am Ministère anzereeche. Dat heescht, en cours de route wäerten der sécherlech nach méi kommen.

Dann zur Baudicht, wou Der frot, ob déi 10 % ouni eng Modifikatioun vum PAG méiglech wär. Ben, jo. Esou steet et jo am Gesetz. Esou ass dat jo alles erkläert. Dofir hu mer dat jo esou am Gesetz festgehalen. Dat steet ganz kloer esou dran. An d'Gesetz ass jo gestëmmt. Dat heescht, d'Gesetz, de Projet de loi ass vum Staatsrot aviséiert ginn. An deen huet hei och keng Opposition formelle drop gemaach, dass dat net kéint goen. An esou ass dat haut en vigueur, dass dee Moment, fir déi 10 % méi Baudicht kënnen ze verdeelen, als Konterpartie, et ass jo esou, dass dann d'Gemeng oder de Staat den Terrain gratis kritt, dofir komme jo déi 10 %, dass een dofir net muss eng Modifikatioun vum PAG maachen.

D'Matsproocherecht vun de Leit bleift weiderhi bestoen. Bon, well et jo am Gesetz ass, kënnen d'Leit elo net géint déi 10 % en tant que tel kloen, mee d'Leit hunn duerchaus, esou wéi d'Gemeng och a mir jo och am Interieur, wa mer dat kontrolléieren, awer Matsproocherecht, wat d'Verdeelung vun deenen 10 % betrëfft. Esou wéi mer ëmmer bei engem PAP kucken, dass besonnesch den Artikel 2 vum Aménagement-communales-Gesetz agehale gëtt, an eeben och gekuckt gëtt, dass deen neie Projet sech eeben an de Bestand integréiere léisst, dass et zum Beispill net zu exzessiven Héichte kënn oder dass eeben op eemol d'Leit, d'Nopere doduerch en Nodeel hätten. Ech mengen, dat ass déi normal Prozedur, déi mer och soss bei engem PAP kennen.

Dann: Wéini muss d'Konventioun gemaach ginn? Respektiv déi aner Fro, déi Der hannendru gestallt hutt, déi elo d'Baue vun de Wunnenge betrëfft. Ben, d'Konventioun sollt gemaach ginn, soubal de PAP duerch ass. A mir roden och de Gemengen un, esou séier wéi méiglech sech mam Promoteur eens ze ginn, ob d'Gemeng den Terrain oder den Terrain an d'Wunnenge wëllt hunn, dat souguer nach informell ofzeklären, éier d'Konventioun dee Moment gemaach gëtt, einfach fir dass een hei eng gewësse Planungssécherheet huet. A wann och herno dann déi Wunnenge gebaut ginn, dass een och net do laanscht d'Realitéit plangt. An dofir ginn eeben déi Konventioun gemaach, wou dat alles dann dra festgehal gëtt.

A wéi ech grad gesot hunn, d'Gemeng huet d'Méiglechkeet, just den Terrain ze huelen. Da gëtt eng Konventioun gemaach fir herno déi Cessioun. A wann d'Gemeng awer gäre wëllt déi Wunnengen direkt vum Promoteur mat baue loosse – ech ginn dovun aus, dass dat eng ganz Rëtsch Gemengen esou wäerte maachen, well et weesentlech méi einfach wäert sinn –, da gëtt eng Konventioun gemaach, wou da souwuel d'Cessioun vum Terrain wéi och d'Wunnengen dra fixéiert ginn. Do si wéi soss, wéi mer et och kennen, d'Baupläng dran, d'Cahier de charges an och de Präis gëtt fixéiert. An dat ass jo och e Punkt, deen eis ganz wichtig war, dass am Virfeld de Präis fixéiert gëtt. An Dir wësst och, do steet am Gesetz dran, dass de Promoteur do keng Plus-value kann

dropschloen, dass dat zum Entsteungspräis dee Moment geschitt, also esou vill, wéi d'Wunneng kascht, dann herno muss bezuelt ginn. Eis war et wichtig, dass mer dat och esou am Gesetz kënnen festhalen. Well ee grouse Punkt ass jo och, dass dat dote sech ..., jo, dass dat fir d'Gemenge finanzierbar ass an dass se eeben och déi Wunnengen do kréien.

Wéi gesot, déi Diskussioun hate mer eigentlech schonn eng Kéier. Ech mengen, dat war d'lescht Joer virum Summer, wéi mer d'Gesetz hei gestëmmt haten. An ech ginn Iech Recht, Här Lies, et ass technesch. Et ass net esou evident. A grad dofir hu mer jo awer Formatiounen offréiert. Mir hunn e puer Formatiounen gemaach, wou iwwer 150 Leit drun deelgeholl hunn, souwuel vun de Gemengen, vun technesche Servicer, wéi och d'Leit vum OAI hunn dat matgemaach.

#### (Interruption)

Mir hunn eng Circulaire erausginn zesumme mam Logementsminister, wou mer et nach eng Kéier erkläert hunn. Mir hunn op eiser Internetsäit op véier Sproochen, wierklech, fir eng Majoritéit domadder ze errechen, nach eng Kéier déi verschidde Passussen am Gesetz erkläert, op e bësse méi eng verständlech Manéier. Mir hunn en Tutorial Video gedréit, ganz einfach verständlech, dass een dat kann eriwuerkréien. Convention-typen, well dat ass jo och eng Demande vun de Gemengen: Wat solle mer elo draschreien? Wéi solle mer dat doten alles fixéieren? Convention-typen an deene verschiddene Cas-de-figures, déi et ka ginn, hu mer ausgeschafft. Dat alles ass um Site vum Interieur ze fannen. An et kann een et zu all Moment nokucke kommen. Dofir loosse ech déi Kritik elo net gëllen, dass et do vill Onkloerheete gëtt.

A fir déi Fäll, déi Wunnprojeten, wou vläicht nach net alles kloer ass, si mir jo nach ëmmer do! Ech hu mä grouse Service vun der Stadtentwicklung, an ech mengen, Dir kennt dee jo och selwer als Buergermeeschter, d'Plattform vun der Concertatioun vun de PAPen, eebe grad fir am Virfeld, éier de PAP an d'Prozedur geet, wou souwuel d'Leit vum Ministère, d'Gemenge mat de Promoteuren, Entwéckler, Architektbüroen, d'Leit vun deenen anere Ministère, alleguer sëtze se jo un engem Dësch, fir eebe grad ze kucken: Wéi kann een deen dote Projet beschtméiglech realiséieren? An do kann een zu all Moment op déi Plattform zréckgräifen.

Mir hunn déi ausgebaut. Mir kucken och do wierklech, all de Gemengen entgéintekommen. Ech mengen, do brauch ee just eng Kéier den Telefon an de Grapp ze huelen an e Rendez-vous ze fixéieren. An da kritt een dat och. Wéi gesot, dat ass eis Offer, déi mer de Gemenge maachen, fir eeben d'Gemengen och do net am Ree stoen ze loosse. Ganz am Géigendeel. Mir si frou, wann d'Gemenge genau op deen dote Wee ginn an den Terrain mat de Wunnengen oder ouni d'Wunnengen huelen.

Well dat ass jo d'Hauptzil vum Pacte Logement 2.0, grad den Artikel 29bis: Mir wëlle jo gären, dass méi bezuelbar Wunnengen entstinn. Dat geschitt domadder. A mir wëlle jo och, dass d'effentlech Hand se hëlt, a ganz besonnesch d'Gemengen, déi och hei an der Responsabilitéit sinn, dass se déi Wunnengen huelen an dass se dës herno entweder an der Locatioun behalen oder dass se se herno iwwer e Bail emphytéotique mat engem Recht, mat engem Droit vu Rachat dee Moment un d'Leit kënnen ginn. An dat Wichtigst ass jo, dass déi Wunnengen herno net méi um Marché verkaaft ginn, well dat ass jo de Problem, dee mer bis virdru kannt hunn, dass Wunnengen, déi haut als bezuelbar eeben un d'Bauprimumpfänger gaange sinn, da muer, iwwermuer ganz deier erëm um Marché verkaaft gi sinn a vill Leit sech domadder eng gëllen Nues verdéngt



hunn. An do ware mer eis jo alleguerten eens, dass domadder ee fir allemol misst Schluss sinn. An dofir hu mer jo dat Instrument hei ausgeschafft. An dofir ass et wichtig, dass d'Gemengen och heivu profitieren.

Wéi gesot, wann eenzel Froen nach sollte si bei der Emsetzung, einfach sech un den Interieur wenden. Wéi gesot, meng Leit si prett. Ech hunn do meng Ekip opgestockt. Mir hëllef den iwwerall, wou mer kënnen. Ech mengen, d'Projete si jo och ganz ennerschiddlech. An da soll een dat kucken.

Ech mengen, grousst Thema ass eeben och ëmmer: Wéi maache mer et herno mat de Gréngflächen? Wéi kënnen mer da méi dicht bauen? Ass et besser an d'Héicht? Ass et besser an d'Breet ze goen? Ech mengen, och do muss een deene lokale Gegebenheete Rechnung droen. D'Parkplazen, éiweg Froen déi kommen. A genau dofir, wéi gesot: Eis Dier ass op. An einfach nëmme bei eis nofroen. Mir hëllef da weider.

Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci elo mol der Madamm Inneministesch. Mee den Här Lies huet nach eng Zousazfro.

**M. Marc Lies (CSV) |** Jo. Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech soen der Madamm Inneminister och Merci fir dës Erklärungen.

Bon, et sinn effektiv elo e puer Froen, déi mer awer nach net ganz kloer si respektiv wou ech och keng Äntwert kritt hunn. Ech soen Iech och Merci fir déi Proposen. Natierlech kënnen d'Gemengen op déi Cellule zréckgräifen, wat och gemaach gëtt, wat och wichtig ass, dass et gemaach gëtt.

Iwwert d'Ziler si mer eis och eens. Dat hunn ech ganz am Ufank gesot. Ech mengen, mir hätten alleguerete gär, dass méi erschwénglech Wunnengen op de Maart solle kommen an dass se och am Patrimoine vum Staat, vun de Gemengen, vun de Promoteurs publics solle bleiwen.

Wat de Präis ugeet, do hu mer allerdéngs eng divergent Vue. Ech hat dat deemools och an der Kommission gesot gehat. Et ass nämlech kee Präis fixéiert. An dat ass awer de sprangende Punkt, wann een eng Konvention wellt erstellen, dass ee sech do net op e Präis ka baséieren, deen an der Gesetzgebung drasteet. An dat ass awer dee kruziale Punkt, wann een eng Konvention wellt erstellen, dass dat um Terrain guer net geet. An ech schwätzen hei am Numm sécherlech vun de Gemengen, awer och vun de Promoteuren. Well an deene leschte Wochen hat ech zeg Promoteuren, déi mech gefrot hunn: „Jo, wéi paakt Der dat dann elo un?“ Ech konnt hinne keng Äntwert ginn. Ech sot: „Da musst Der wierklech an d'Cellule goe vum Ministère de l'Intérieur, fir Iech dat erklären ze loossen, well am Gesetz steet kee Präis.“

An elo mat der Präisdeierecht wësse mer iwwerhaapt net méi, op wat mer eis solle baséieren, wat d'Baukäschten ugeet. Momentan ... Dat, wou Der mer net geäntwert hutt, dass ass dat: Sollen d'Promoteurs publics oder d'Gemengen dann déi Wunnengen elo an Eegeregie bauen? Jo oder nee? Dat ass awer eng kruzial Fro. An, ben, ech mengen, déi muss kënnen beäntwert ginn, well soss wësse mir och um Terrain net, wien dann effektiv wat soll ëmsetzen.

Ben, ech mengen, mir hunn do e bëssen eng aner Vue gehat, och am Kader vum dem Artikel 29bis, wou mer en Amendement dozou gemaach haten. An duerfir: Soll dee Präis, deen elo definéiert gëtt opgrond vun eeben deem Gesetz, wat elo ennerwee ass, iwwert d'Aide au logement, wou Präisser fixéiert sinn,

baséiert deen op deenen? Jo oder nee? Well momentan am Gesetz, am Pacte Logement am Artikel 29bis, do ass kee Präis definéiert.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Lies. An d'Wuert geet zréck un d'Regierung, un d'Madamm Inneministesch Taina Bofferding.

**Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur |** Also, ob eng Gemeng elo déi Wunnenge soll mam Promoteur bauen oder ob se just den Terrain hält an dann iwwert d'Marché-publics-Gesetz ee siche geet, fir se bauen ze loossen, oder eventuell mat engem Promoteur public, dat steet awer der Gemeng fräi. An ech gesinn elo net, firwat Der do musst onbedéngt eng Äntwert vu mir kréien. Ech mengen, do ass all Gemeng, déi do soll fir sech decidieren, wat se an deem Moment am beschte fënn, sou wéi se et och haut mécht. An ob se se herno verlout oder eeben u Leit iwwert de Bail emphytéotique gëtt, och dat steet de Gemenge fräi.

Ech fannen et ëmmer gutt, wann eng Gemeng en eegene Wunnpark huet, wa se vill Wunnengen huet. Well ech ka mech drun erënneren, leschte Summer, wéi d'Héichwaasser, d'Iwwerschwemmungen waren, wou ech an där enger oder anerer Gemeng gefrot hunn: „Jo, wéi hutt Der dann d'Leit ennerdaach kritt? Hutt Der se dann an Är Gemengewunnunge bruecht?“ Do waren der, déi mer gesot hunn: „Mir hunn esou eppes net.“ An do hunn ech geduecht: „Ma et ass grad de Moment, vläicht awer emol doriwwer nozedanken.“ Well ech fannen et net normal, dass eng Gemeng keng eegene Wunnengen huet, fir d'Leit an der Urgence ennerzebréngen. Mee gutt.

Wéi gesot, hei steet et de Gemenge fräi, wéi si do dee Moment hiren eegene Wunnpark wellen ausbauen.

Wat de Präis betrëfft, do steet wuel am Gesetz – ech hunn d'Gesetz elo net derbäi, ech weess elo net all eenzelen Artikel auswenneg, ech mengen och net, dass dat relevant ass –, do steet awer dran, dass zum Entsteungspräis dee Moment déi Wunneng cesséiert gëtt. A mir hunn eebe grad déi Brems dra virgesinn, dass dee Moment de Promoteur net nach kann eng Plus-value drop maachen.

A beim Präis, jo, gutt, do orientéiert ee sech un deem ..., wann ech soen: „Et kascht dat, wat et kascht, fir se ze bauen“, ass et dat, wat eeben de Moment de Marché hiergëtt. Mir hu lo keng fix Präisser an d'Gesetz gemaach. Wat awer fix ass, dat sinn herno d'Locationen. An do gëtt sech eeben um Reglement vum 1998 an dem Gesetz vum 1979 – oder ass et ëmgedrëit? –, dat sinn déi vum Logementsministère, do gëtt sech un deenen dote Krittären orientéiert, dee jo och amgaangen ass, déi ze iwwerschaffen, fir dass nach méi Leit an de Genoss vun esou enger bezuelbarer Wunneng kommen. An wann dann d'Gemeng eng Wunneng verlout, orientéiert dat sech un deene Krittären. Et ass dee Moment dat Gesetz, wat do applizéiert gëtt.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools der Madamm Inneministesch.

## **6. Motion de M. Fernand Kartheiser sur l'inclusion de la Chambre des Députés dans le processus de nomination des membres du Comité d'éthique et publication de tous ses avis**

*(Motion déposée en séance publique n° 30 du 20 janvier 2022 – à consulter au compte rendu n° 10/2021-2022 en page 50)*

Als nächste Punkt um Ordre du jour kennt d'Motioun vum Här Fernand Kartheiser iwwert d'Abanne vun

der Chamber an d'Ernennung vun de Membere vum Comité d'éthique. Här Kartheiser, als Auteur vun der Motioun hutt Dir d'Wuert.

### **Exposé**

**M. Fernand Kartheiser (ADR), auteur |** Villmools merci, Här President. Ech soe Merci, dass mer dat hei konnten op den Ordre du jour setzen. Et ass e bëssen, ech wëll net soe „moutarde après dîner“, well et kann een d'Hoffnung ni opginn, mee et ass awer eng Form vu spédem Protest.

Mir haten am Januar 2022 déi Motioun hei hannerluecht, fir nach kënnen en Afloss ze huelen op déi Aarbechten, déi deen Abléck am Staatsministère amgaange waren, fir en neie Code de déontologie vun der Regierung auszuschaffen. Ech mengen, dee gouf deen Abléck an d'Institutionnekommission iwwerwisen. Mir hunn awer an der Tëschenzäit festgestallt, dass mer konfrontéiert gi si mat engem Fait accompli. D'Regierung huet scho fir d'Ministeren an och fir déi héich Beamten e Code de déontologie ugeholl a publizéiert.

Dat ass u sech schued. Mir hätte gär am Virus doriwwer geschwat, well et wor eisen Androck, dass d'Regierung u sech un enger Kontrollinstanz interesséiert ass vun engem Code de déontologie, well et huet jo kaum e Wäert, e Code de déontologie unzuhuelen, wann net den effikasse Contrôle do ass. Mee eisen Androck wor, dass d'Regierung eng Kontrollinstanz wollt, déi se selwer ka kontrolléieren an domadder u sech esou eppes ass ewéi en zahnlosen Tiger.

Firwat soe mer dat? Well mir gär wollten, dass d'Chamber bei der Ernennung vun deene Membere vum Comité d'éthique awer e Wuert matzeschwätzen hätt oder se géif selwer ernennen. Mir wollten, dass déi Membere vum Comité d'éthique politesch neutral sollte sinn. Ech mengen, dat schéngt eis jo ganz wichtig ze sinn, fir eng Regierung ze kontrolléieren. A mir wollten hinnen och méi Kompetenze ginn. Zum Beispill, dass se all Avis kënnen publizéieren oder solle publizéieren, dee se huelen.

Alles dat wäre Sujete gewiescht, déi mir gär diskutéiert hätten am Virus, wéi gesot. Et hätt een och kënnen envisagéieren, dass de Contrôle vun der Regierung duerch d'Chamber selwer géif gemaach ginn, wat jo och e bëssen hire Rôle soll sinn, nämlech de Contrôle vun der Exekutiv a Form vun, zum Beispill, enger Kommission, déi géif vun der Opposition presidéiert ginn. Alles dat wäre kredibel Weeër gewiescht, déi mer hätte kënnen exploréieren.

An déi Kredibilitéit, déi gëllt no bannen natierlech, fir d'Glafwierdegkeet vun der Politik ze erhalen, si gëllt awer och no baussen. Well den Ureiz vun deem Ganzen, den Ustouss kouw jo vum GRECO. An de GRECO hat jo schonn, mengen ech, 2018 eng ganz Rei vu Recommendationen iwwert den Zoustand vu Lëtzebuerg, wat d'Korruption an esou weider ugeet, formuléiert. An dovunner hunn der net manner wéi eelef d'Deontologie vun der Regierung betraff gehat. Also et war e Sujet, dee souwuel national wéi international interesséiert.

An et gëtt och genuch, wat ee muss kontrolléieren oder wat ee soll kontrolléieren, egal wien an der Regierung ass. Dat wëll ech och soen. D'Regierung muss ëmmer kontrolléiert ginn!

Mir haten och elo bei Gambia 1, Gambia 2 schonn eng Rei Saachen, déi och der Ethikkommission virgeluecht goufen. Et gëtt och ëmmer aner Saachen, déi et derwäert wär, ze préiwen, zum Beispill déi massiv Presenz vu Ministeren an de Schoulen, notament während de Walcampagnen, oder och déi Saach, dass de Filmfong Filmer finanzéiert huet, an deene Ministeren optrieden. Ech zitieren den – wéi huet dee geheescht

mam Här Asselborn? – „Foreign Affairs“, wou e ganze Film och vum Staat finanziert gouf iwwer e Minister, oder och „An Zéro“, wou d'Madamm Dieschbourg an den Här Turmes do opgetruede sinn, alles vum Staat finanziert. Alles dat hätt ee kënnen och ënnert dem Bléckwénkel vun den Deontologieeregelen awer iwwerpräiwen.

**Une voix** | Jo!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), auteur | Mir denken, datt e Comité d'éthique net sollt vun der Regierung ernannt ginn, mee dat ass am Abléck de Fall. Et sinn op d'mannst dräi Memberen an deem Comité d'éthique, déi gi vun der Regierung selwer ernannt. Mir denken, datt dat net sollt de Fall sinn.

An et ass net nëmme, datt d'Regierung dee Komitee ernannt, dee se soll kontrolléieren, et kënnen och nach Anciens ministres an Anciens députés sinn. Also vun der politescher Neutralitéit si mer ganz wäit ewech! Et fale mir spontan e puer Nimm an, déi een da kéint ernennen, aus leschter Zäit. Ech wëll déi hei net ëffentlech nennen. Mee ech mengen, jidderee ka sech do vläicht Gedanke maachen, wat legal méiglech wär, awer wat wirklech och deontologesch ëmstridde wär!

An net nëmme, datt mer eebe gär hätten, datt d'Regierung net selwer hiert Kontrollorgan ernannt an datt déi Membere vun deem Kontrollorgan musse politesch neutral sinn, mee eeben och, datt se solle vill méi Kompetenze kréien!

Et ass also, an dat ass natierlech eppes, wat och hei elo wäert gesot ginn, et ass vläicht am Abléck ze spéit, mee mir bleiwen um Ball! Mir wäerten eis als ADR weider derfir asetzen, datt d'Regierung en deontologesch Kontrollorgan kritt, wat deene Krittären entsprécht, déi, mengen ech, awer e Minimumstandard géifen duerstellen, fir kredibel déi Aufgab kënnen ze erfëllen, kredibel iwwer all Kritik.

An dofir, mengen ech, sollte mer haut och iwwert déi Motioun ofstëmmen. Dat wor de But, fir kloer e Signal ze setzen, quitte datt de Code de déontologie vun der Regierung schonn do ass, datt e publizéiert ass. A mir wëllen e Signal setze fir ze soen: „Dat do geet eis net duer!“

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An eng éischt Wuertmeldung kréien ech vum Här Léon Gloden.

### Discussion générale

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Här President. Merci dem Här Kartheiser fir seng Ausfëierungen.

Dat klängt a priori sympathesch, wat den Här Kartheiser elo hei virbruecht huet. Ech erënneren drun, datt am Kader vun der Verfassungsreform, nottamment och op Drock vun menger Partei, méi streng Reegelen agefouert gi sinn oder agefouert ginn – mir musse jo nach den zweete Vott maachen –, fir d'Regierung ze kontrolléieren.

Hei ass, wéi den Här Kartheiser selwer seet, elo e bësse Moutarde après dîner, well d'Regierung, an ech sinn elo wirklech net de Regierungssprecher, huet dee Code de déontologie agefouert.

A mir mussen och oppassen, mir hunn awer och e Prinzip vu Séparation des pouvoirs hei ...

**Une voix** | Al!

**M. Léon Gloden** (CSV) | ... an dësem Land! An Dir wësst: Den État de droit läit mer um Häerz. Dir

schwätzt zwar ëmmer dovunner, mee mir huelen en eesch.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Mir huelen en eesch!

**Une voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Hei geet et ëm d'internt Fonctionnement vun der Regierung. Well wa mer dat transposéieren, da kéint d'Regierung och eis als Deputéiert am Kader vun der Deontologie kontrolléieren.

Et steet och an der Verfassung, datt d'Regierung, datt de Grand-Duc seng Regierung organiséiert. Duerfir kommt, mer geheien elo hei net fundamental Prinzipien iwwer Bord! Scho guer net duerch d'Chamber!

Mat deem leschten Tret kéint ech perséinlech liewen, datt all Avis soll publizéiert ginn. Vlächicht eier mer do eppes ..., dat muss d'Regierung decidéieren. Mee duerfir, opgrond wirklech vun deene Rechtsprinzipien, déi an dësem Land applikabel sinn a fir déi och ëmmer d'ADR grouss Reklamm mécht, proposéieren ech menger Fraktioun, dës Motioun net unzuhuelen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Gloden. An dann huet den Här Mars Di Bartolomeo d'Wuert gefrot.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci, Här President. Wéi den Här Kartheiser richteg gesot huet, ass déi Motioun un d'Institutionskommissioun iwwerweisen, awer och un d'Reglementskommissioun. De President hat se un déi zwou Kommissionen iwwerweisen.

Jo, ech mengen, d'Regierung nous a pris de vitesse. Deen neien Deontologiekodex ass do. E geet weesentlech méi wäit ewéi deen, dee bis elo a Kraaft war. A wann ech mech net ieren, hu mer och dofir scho Luef vum GRECO kritt, dass mer weesentlech méi wäit ginn.

Ech si beim Léon Gloden, wann e seet, dass mer mussen oppassen, dass mer hei keng Vermeschung tëschent de Kompetenze vun de verschiddenen Institutionen maachen. Mir nennen eise Comité d'éthique och selwer als Chamber. An ech mengen, dass bis elo déi Leit, déi erausgesicht gi sinn, dat zur vollster Zufriedenheet, net nëmme vun eis, mee awer och vun deene Leit dobaussen, gemaach hunn.

Well et jo och esou ass, dass, wann e Feelverhale vun engem Deputéierten dobausse géif festgestallt ginn, da gëtt de President dovun informéiert. An de President, deen ënnerhëlt dann déi Schrëtt, déi sech opdrängen. Ech ka mer duerchaus virstellen, dass, wa bei der Regierung dobaussen eppes géif gemierkt ginn, wat net deem Deontologiekodex géif entsprechen, de Premier eppes Änlechens géif maache wéi an dësem Fall de President vun der Chamber.

Den Här Kartheiser huet richteg gesot, et ass eigentlech an enger ganzer Rei vu Punkte Moutarde après dîner.

Dat, wat d'Regierung respektiv dee Comité d'éthique sech soll iwwerleeën, dat ass, dass en et änlech ka maache wéi eise Comité d'éthique, dass en e Rapport d'activité um Enn vum Joer hannerléisst. Mee bon, dat ass, mengen ech, dem Comité d'éthique iwwerlooss.

Dofir bleift eis näischt anescht iwwreg. Mir hätten déi Diskussioun net ongär an der Kommissioun zu deem Zäitpunkt och mat dem Kolleeg Reding an der Reglementskommissioun gefouert. Mee bon, haut stëmme mer dann driwwer of op Wonsch och vum Här Kartheiser. Bon, ech hätt och kënnen d'Initiativ huelen, fir d'Diskussioun ze maachen. Mee den Här Kartheiser weess, dass mer an der Lescht relativ vill um Bockel hatten. An dofir merci och fir säi Versteedsdemech.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Merci och dem Här Premierminister. Mee, also, ech mengen net, well et Moutarde après dîner ass, dass et net wichteg ass. Mir fannen dat hei effektiv och e wichteg Uleies.

An ech sinn do och relativ no beim Här Kartheiser an deem hei Uleies. Och wa mer dat net esou oft sinn. Mee hei muss ech em awer Recht ginn.

Mir fannen et eigentlech och net normal, dass den Iwwerprüfte säin eegenen Observateur kann eraussichen. Dat ass eigentlech éischter lachhaft. A mir fannen dës Nominatiounsprozedur an deem Sënn och net gutt.

(Brouhaha)

Jo, erlaabt mer dat ze soen! Ech fannen dat keng gutt Kontrollfonctioun an deem Sënn.

Ech muss awer soen, ...

**Une voix** | ... poleemesch dat do!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | ... ech muss awer soen, dass d'Invitte vun dem Här Kartheiser mer awer och e bësse e puer Froen oploossen.

Deen éischten Invite, wou da steet, dass d'Chamber soll matagebonne ginn, do froen ech mech, wéi d'Chamber soll matagebonne ginn. Ech fannen dat relativ oppen.

Deen zweeten Invite, dass d'Membere solle politesch neutral sinn: Bon, d'politescher Neutralitéit, wësse mer alleguer, dat ass awer och eppes, wat ze definéieren ass. Wat ass dat? Heescht dat: keng Parteikaart? Heescht dat: Wéi no um Minister dierf ee sinn? Wéi net no dierf een um Minister sinn? Enfin, do stelle sech awer och eng Rei Froen.

An deen drëtten Invite, do hu mer och e bësse Problemer domat, wann ee seet, dass „all Deputéierte kann urufen“. Bon, dat schéngt eis awer och relativ wäit ze goen.

Wann een dat géif anescht erschreiwen, da kéinte mir dat matdroen op jidde Fall. Also et geet definitiv an eng richteg Richtung.

Mee, dass zum Beispill dann och elo Avise publizéiert ginn, wéi all déi aner, domat kënnen mir natierlech och liewen.

Also, et geet an eng richteg Richtung, well mir wirklech och déi Nominatiounsprozedur ganz problematesch fannen. Bon, et ass elo Moutarde après dîner, mee ech mengen, d'Diskussioun kann een awer féieren.

A wéi et och selwer am Code de déontologie steet, mengen ech, kann de Comité d'éthique sech selwer och saisiéieren, fir Recommendationen ze ginn. Also dee ka selwer och soen, dass een dat eventuell kéint änneren.

Ech mengen, et ass elo net, wéi wann dat elo an de Stee gemeesselt wier. Dat kann een ëmmer nach eng Kéier amelioréieren, wann ee wirklech wëllt.

Villmools merci!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis.

An da ginn ech d'Wuert un de Premierminister Xavier Bettel.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, erlaabt mer och hei, dem honorabelen



Deputéierte Kartheiser Merci ze soe fir seng Motioun, déi mer erlaabt – ob et Moutarde après dîner ass oder wéi een et wëllt nennen –, och Iech iwwert dat Lescht, wat am Regierungsrot decidéiert ginn ass, ze informéieren, iwwert de Prinzipp, jo, vun engem Code de déontologie, deen ee sech jo selwer gëtt, dat heescht vun Auto-Reegelen, déi ee sech gëtt, déi am Fong normalerweis méi wäit gi wéi dat, wat de Cadre légal virgesäit, andeem ee sech deontologesch Reegelen gëtt. D'Affekoten, d'Huissieren, d'Press, an ech kéint nach weiderfuere, hunn alleguerten e Code de déontologie, deen och intern vun hinne besat gëtt. A just bei der Regierung géif dat net goen?

Ech wëll hei just drop opmierksam maachen, dass et eng Kéier eng parlamentaresch Kontroll gëtt, déi duerch d'Verfassung virgesinn ass an déi och ganz wichteg ass! An nach eng Kéier: Hei sinn deontologesch Reegelen, déi eng Regierung sech och selwer gëtt. Il ne faut pas mélanger!

An esou wéi schonn de Kolleg Gloden gesot huet, ass hei och e grouse Prinzipp vun der Séparation des pouvoirs, deen och net ze vergiessen ass.

Wann ech hei gesinn, den 1. Mee hu mer jo nei Reegelen och agefouert. An ech kann net akzeptéieren, dass et d'Géfill gëtt, wéi wann dee ganzen Eethiksrot do en Tiger ouni Zänn wär oder en à la botte du gouvernement wär, well dat ass net richtig. An dat ass carrement och falsch an onfair.

Éischters, de Code geet elo méi wäit wéi dat, wat mer virdru kannt hunn 2014. Et si Reegelen. Mir ginn, jo, mir gi méi wäit wéi dat, wat mer hunn. A mir wësse jo och, dass de GRECO och kuckt, wat mer maachen.

Fir eis ass et wichteg, dass eng Beruffseethik eppes anescht ass wéi d'parlamentaresch Kontroll. Et ass dat, wat ech probéiere wierklech hei ze soen. Eng Beruffseethik, d'Kontroll vun enger Beruffseethik, ass dat eent, an eng parlamentaresch Kontroll ass dat anert.

D'Eethik besteet aus sougenannten an erallten deontologesche Grondsätz, déi eng Beruffsgroupp – hei dann elo eeben d'Regierungsmemberen – énnert sech als Moosstaf festleet. Déi sollen als Standard och um Verhalensprotokoll gëllen a wou d'Kontroll vum Anhale vu Reegelen entweeder vum President selwer vum Gremium oder vun engem zesummege-satene Rot eeben aus deem Beruff ausgeübt gëtt.

An d'Mechanisme vun der parlamentarescher Kontroll, an där ginn et jo eng ganz Rei, sinn do, fir d'Regierung ze kontrolléieren am Zesammenhang mat der Ausübung vun der verfassungsrechtlecher Missioun, déi an den Aktiounsradus vun hirer politescher Tätegkeet fält.

An nieft den Deputéierten hu mer och eng Cour des comptes, déi eis jo och kontrolléiert. Dat soll een och net vergiessen.

An dowéinsten, ech géif hei recommandéieren, Här President, dass een do wierklech op d'Séparation des pouvoirs soll oppassen an dass, zweetens, de Prinzipp am Fong vun enger Deontologie, deen ee sech jo gëtt, als Instanz och hei wichteg ass.

An déi lescht Fro, déi och zitéiert ginn ass vum ..., ech mengen, et wor den Här Gloden, dee gesot huet, e kéint mam leschte Considerant liewen. Ech wier frou, wann dat net de Fall wär.

De Prinzipp ass jo, dass dee Komitee selwer ka gefrot gi vun enger Persoun unilateralement, fir e Conseil ze kréien: „Kann ech dat oder kann ech dat do net?“ „Ass dat dote kompatibel?“ „Ass dat net kompatibel?“ Dat heescht, dass et jo en Avis ka sinn.

An Dir hutt dat selwecht an der Chamber. Dass ee ka froen, fir dass et net publizéiert gëtt. Wann et selbstverständlech eng Repercussioun huet, wann et eppes

ze dinn huet mat der Ausübung vun der Aarbecht, kann de Komitee nach ëmmer decidéieren. Mee wann een unilateralement eppes freet, just eng Consultatioun am Fong, déi ee wëllt hunn, den Avis, ier een eppes mécht, wann dat publizéiert gëtt, dat fannen ech zimmlech delikat.

An Dir hutt och déi Reserv hei fir d'Chamber gehalen, wou Der gesot hutt: „Hei, mir mussen awer och nach ëmmer bei där enger oder anerer Fro, déi ee consultativ am Fong freet, fir preventiv ze froen, ob do e Feeler kéint Entstoen oder net ...“, dass dat dann och net publizéiert gëtt.

Dowéinsten, Här President, ech géif wierklech d'Chamber invitéieren, dës Motioun net unzehuelen. Ech mengen, et ass wichteg, dass mer eis Deontologecodé ginn. An ech wëll och der Chamber Merci soen, Här President, an dat soen ech elo net als Regierungschef, well fir mech d'Séparation des pouvoirs hei wichteg ass, mee dass Dir Iech och en eegenen Deontologiekodex ginn hutt.

Jo, dat, wat virun 20 Joer gaangen ass, wat virun zéng Joer gaangen ass, geet haut net méi! An et sinn eng Rëtsch vu Reegelen, déi mer musse gi vun Transparenz, vu Blancheur, vun einfach inattaquabel sinn als Politik, déi am Interêt si vun ons alleguerten. An et geet och ëm d'Kredibilitéit vun ons alleguerten.

Dofir wierklech, d'Séparation des pouvoirs ass e Grondpiller vun eiser Verfassung. D'parlamentaresch Kontroll ass Är Aarbecht. An ech sinn och ganz frou, dass déi och ausgeübt gëtt vun dëser Chamber. An ech sinn och ganz frou, mee dat soen ech elo net als Premier, mee als Bierger, dass Dir Iech och en Deontologiekodex ginn hutt an dass Dir Iech déi Reegele ginn hutt an dass och keen Iech gesot huet, wat Är eege Reegele sollte sinn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Premier- a Staatsminister Xavier Bettel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kënnen elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

**Vote sur la motion**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 4 Jo-Stëmme géint 52 Nee-Stëmme a 4 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui* : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

*Ont voté non* : Mmes Diane Adehm (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par M. Claude Wiseler), Mme Viviane Reding (par M. Félix Eischen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gusty Graas), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Yves Cruchten), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

*Se sont abstenus* : MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

## 7. 7672 – Projet de loi relative à l'agrément d'un système de qualité ou de certification des produits agricoles

Dee leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten ass dee leschte Projet de loi 7672 iwwert d'Aféierung vun engem Agreementssystem fir Landwirtschaftsprodukter.

Erlaabt mer fir d'éischt, d'Chamber driwwer ze informéieren, dass den Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen aus Gesondheetsgrënn leider de Mëtten net kann heibanne sinn, an e léisst sech vertrieben duerch de Wirtschaftsminister Franz Fayot. Mir soen dem Här Wirtschaftsminister Merci fir seng Disponibilitéit, dass mer dëse Projet de loi kënnen evakuéieren.

Et hu sech schonn ageschriwwen fir dëse Projet de loi: d'Madamm Martine Hansen, den Här Gusty Graas, d'Madamm Chantal Gary, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen.

An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viti-culture et du Développement rural**

**Mme Tess Burton** (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Och hei vu menger Säit aus dem Minister Claude Haagen eng gutt Besserung!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 7672 iwwert den Agreement fir e Qualitätssystem oder d'Zertifizéierung vu landwirtschaftleche Produkter gouf de 17. September 2020 vum deemolege Landwirtschaftsminister Romain Schneider deposéiert.

D'Chamberskommissioun huet de Gesetzesprojet zweemol amendéiert, eng éischte Kéier den 20. Juli 2021 an eng zweete Kéier de 26. November 2021.

Nodeems de Staatsrot dës Amendementer akzeptéiert huet, huet d'Kommissioun de Rapport zum Projet de loi de 24. Mäerz vun dësem Joer ugeholl.

Bei der Relecture vum Text ass awer nach nodréiglech e kleng Feeler opgefall. Op zwou Plaze stoung virum EU-Reglement de Kierzel fir „numéro“, also e klengen „n“ an en héich gestallten „o“. D'EU-Reglement ass awer ouni dëse Kierzel publizéiert, soudass dat huet misse geännert ginn, fir dass d'Referenz op deen Text korrekt ass.

Et gouf en entspriechende Bréif un de Staatsrot gemaach, dee confirméiert huet, dass dat e Redressement vun enger Fehler matérielle ass a keen Amendement, deen dem Staatsrot misst virgeluecht ginn. Dat nach als zousätzlech Info zu mengem schrëftleche Rapport.

Bei den Diskussiounen an der Kommissioun a bei den Amendementer hu mir souwuel d'Remarke berücksichtegt, déi de Staatsrot a sengen Aise vum 27. Abrëll a vum 26. Oktober 2021 gemaach huet, mee och eng Rei vu Proposen a Kriticke vun de Beruffskummeren, dem Conseil supérieur pour un développement durable, dem Mouvement écologique an der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren, vu Fairtrade Lëtzebuerg, vum Konsumenteschutz a vu Bio Lëtzebuerg.

D'Zil vun der Lëtzebuerger Politik ass et, déi gutt landwirtschaftlech Produkter, déi an eiser Regioun

hiergestallt ginn, besser lokal ze vermaarten, fir dass d'Konsumente méi regional, saisonal a bio akafen. Mir wëlle gläichzäiteg Ureizer fir d'Bauern a fir d'Wënzer schafen, fir méi nohalteg ze schaffen, d'Déierewuel méi staark ze berücksichtegen a generell Qualitéitsprodukter hierzustellen, déi iwwert d'Mindestnormen erausginn, déi gesetzlech virgeschriwwen sinn.

De Projet de loi, deen hei virläit, ënnerstëtzt dat duebelt Zil. Engersäits kënne Gruppementen vu Produzenten eng Zertifizéierung kréien, wa si eng Rei vu Basiskrittären erfëllen. Wa si zousätzlech Efforte maachen, kënne si deelhuelen un engem Qualitéitssystem, deen dës Zousatzleeschungen méi visibel mécht. Si ginn dann och entspreche dem Effort, deen si maachen, finanziell ënnerstëtzt. Fir de Konsument sinn dës Produkter erkennbar un engem neie Label.

Et gëtt schonn eng Hellewull u Labelen, mee d'Erfaarung weist, dass en nationale Label duerchaus en Impakt op de lokale Marché huet. An eenzelne Sparten huet de Label vun der „Marque nationale“ dës Roll bis elo gespillt. Opgrond vun EU-Reegelen, déi nationale Protektionismus solle verhënneren, kënnen dës Labelen awer net méi weiderbestoen. Den neien Zertifizierungs- an Agreementssystem ersetzt de Label vun der „Marque nationale“ a geet nach e ganz Stéck doriwwer eraus. E bezitt sech op vill méi eng grouss Panoplie vu Produkter.

De Qualitéitssystem dréit ausserdeem der Tatsaach Rechnung, dass d'Konsumenten haut net nëmmen e qualitativ héichwäertegt Produkt wëllen, mee och verlaangen, dass d'Déieren optimal gehale ginn an d'Produktionsmethoden d'Ëmwelt esou mann wéi méiglech belasteschen.

Et huet méi wéi een Ulaf gebraucht, fir e Konzept fir en Agreements- an Zertifizéierungssystem auszuschaffen. Et gouf schonn e Projet de loi, deen nach an der leschter Legislatur vum deemolege Minister Fernand Etgen deposéiert gouf.

No Kritik vum Staatsrot a vun der EU-Kommissioun an enger Rei Echangë mam concernéierte Secteur gouf decidéiert, d'Konzept nach eemol ze iwwerdenken. De Projet, deen haut virläit, ënnerscheet sech och weesentlech vun initialer Projet de loi.

Et koume vill Avisen eran, mat zum Deel géigesätzlechen Demanden. D'Kommissioun huet intensiv doru geschafft, fir de beschtméiglechen Equilibre tëschent deene verschiddenen Interessien ze fannen.

Ech wëlt op dëser Plaz och dem fréiere Landwirtschaftsminister Romain Schneider Merci soen. Hie stoung der Kommissioun ëmmer zur Verfügung an huet gehollef, konsensfäeg Léisunge fir verschidde Problemer ze fannen.

Ech wäert dofir hei op e puer vun de Kriticken, déi gemaach goufen, agoen an dorop, wéi de Léisungsvorschlag vun der Kommissioun ausgesäit.

Anescht wéi bei deem fréiere Projet de loi mat engem Stäresystem fir verschidde Qualitéitskrittäre war an deem neie Konzept virgesinn, deen selwechte Label fir Produkter ze hunn, déi just de Basiskrittären entsprechen, a Produkter, déi zousätzlech Qualitéitskrittären erfëllen. Dat war eng Approche, déi wäitgeënd vum konventionelle Secteur begréisst ginn ass. Hei koom d'Suerg zum Ausdrock, dass konventionell Standardprodukter aus der Region benodelegt kéinte gi par rapport zu importéierte Produkter, déi kee Label hunn, wa se implizit als „manner gutt“ gekennzeechent géife ginn.

De Conseil supérieur pour un développement durable hätt et dergéint léiwer gesinn, wa just Produkter aus dem Qualitéitssystem e Label géife kréien.

De Mouvement écologique, d'Lëtzebuerger Landjüngend a Jongbaueren hu gefuerdert, dass zumindest en Ënnerscheed tëschent deenen zwee Labelen sollt erkennbar sinn.

D'Kommissioun war der Meenung, dass déi Baueren, déi net bio-zertifizéiert sinn, awer sollte kënnen déi zousätzlech Efforte siichtbar maachen, déi si fir d'Ëmwelt an d'Déierewuel maachen.

D'Label ginn iwwert eng Charte graphique définiert. De Minister huet bei den Diskussiounen an der Kommissioun zougesot, fir an där Charte graphique zwou Versionen vum Label ze maachen, soudass deen Ënnerscheed erkennbar ass.

Trotzdem wäerten déi zwee Labelen esou änlech sinn, dass se vum Konsument erëmerkannt kënne ginn.

Dernieft soll e QR-Code agefouert ginn, deen genau opschlésselt, wat fir Qualitéitskrittären den eenzelne Produit erfëllt. Op der Verpackung ass den Detail zwar dann net drop, mee all d'Betriber, déi matmaachen, mussen ganz transparent effentlech maachen, wéi eng Krittäre si erfëllen a wéi eng net.

Wichtig ass dat besonnesch am Kontext vun de Grousskichen a Kantinnen. Wa si bestëmmt Krittären an hire Cahier des charges eraschreien, déi deene vum Qualitéitssystem entsprechen, dréit dat dozou bäi, dass op dësem Wee méi regional Produkter kënnen an de Kantinnen ugebued ginn. Oft gëtt jo festgestallt, dass déi Lëtzebuerger Produiten et schwéier hunn, fir de Wee an eis Kantinnen ze fannen. Zumindest eng vun den Hürden soll iwwert de Wee vun dësem Label kënnen ofgebaut ginn.

E Gruppement, deen wëllt eng Zertifizéierung hunn, muss e Cahier des charges opstellen, deen 15 Basiskrittären enthält. Dës Krittäre verlaangen eng grouss Transparenz, wat d'Ziler vum Gruppement sinn iwwert d'Produkter an d'Aarbechtmethoden, an et ginn zousätzlech Kontrollen verlaangt.

De Projet de loi gesäit vir, dass d'Regioun, aus där d'Produkter kommen, sech nom Sätz vum Gruppement richt. D'Regioun ass net un de Lëtzebuerger Territoire gebonnen, mee definéiert als e Rayon vun 250 km ronderëm de Siège vum Gruppement. Dës Definition ass op vill Kritik gestouss. D'EU-Recht erlaabt et de Memberstaaten awer net, hiren Territoire ze bevirdelegen.

Dat ass och de Grond, firwat de System vun der „Marque nationale“ net bäibehale ka ginn. Privat Labelen kënnen e bestëmmten Territoire kloer en valeur setzen, staatlecher awer net. Theoreetesch kéint esou e Gruppement de Label kréien, deen guer net um Lëtzebuerger Territoire produzéiert. An der Praxis ass dat eisichter onwarscheinlech, well den Opwand relativ grouss ass. Finanziell Hëllef gëtt et nëmme fir Gruppementen, déi zu Lëtzebuerg gesidelt sinn. Nach muss een am A behalen, wéi sech dat herno entwéckelt.

Et huet duerchaus Virdeeler, sech net op de Lëtzebuerger Territoire ze beschränken, well net all d'Produkter kënnen ausschliisslech zu Lëtzebuerg hiergestallt ginn. Sou ass dat nooste Schluechthaus jee no Betrib heianso op där anerer Säit vun der Grenz. Eng gewëssen Onzufriedenheet gouf et awer mat der Gréisst vun der Regioun, esou wéi de Gesetzesprojet dat virgesäit. Leider akzeptéiert d'EU-Kommissioun awer keng Begrenzung op méi eng kleng Regioun.

Eng weider Kritik gouf et um Choix, fir e Label fir all Produkter ze maachen. D'„Marque nationale“ gëtt et nëmme fir bestëmmt Produkter mat klere Krittären. De Virdeel vun där neier Approche läit doran, dass all eis regional Produkter kënnen mam Label gekennzeechent ginn. Den Erëmerkungswäert

ass fir d'Konsumenten esou méi grouss. Den Nodeel derbäi ass, dass et am Qualitéitssystem schwéier ass, en equilibréierte Katalog vu Qualitéitskrittären opzestellen, well net all Krittär op all Produkt kann ugewannt ginn.

De Problem ass elo esou geléist, dass et an dräi verschidde Kategorien, op déi ech nach zrëckkommen, jee weils 11 bis 13 Krittäre gëtt. Op dës Manéier ass et méiglech, fir all Produkt an all Kategorie eng Rei vu Qualitéitskrittären ze fannen, déi op dat Produkt zoureffen an eng reell Plus-value par rapport zur gesetzlecher Mindestnorm duerstellen.

Déi dräi Kategorië vu Qualitéitskrittäre regruppéiere jee weils ënnerschiddlech Eegeschafte vun engem Produkt.

Déi éischt Kategorie regruppéiert Krittären aus dem Beräich „Qualité – Saveur“. Si betreffen de Goût vun engem Liewensmëttel oder aner Eegeschafte vum Produkt. Dozou gehéieren zum Beispill d'Deelhuelen un internationale Concoursen, déi fräiwëlleg Verbesserung vun der Traçabilité vum Produkt, de Verzicht op bestëmmt Liewensmëttelzousatz oder d'Benotze vum Nutri-Score-System.

Déi zweet Kategorie ëmfaasst de Beräich „Régional – Solidaire“. Initial huet dës Kategorie „Régional – Équitable“ geheescht. Fairtrade Lëtzebuerg huet eis awer drop opmierksam gemaach, dass dee Begrëff um internationalen Niveau an enger Charte vum fairen Handel definéiert ass an net deem entsprécht, wat am Kontext vun dem Lëtzebuerger Label gefrot gëtt. Dofir gouf de Begrëff „solidaire“ zrëckbehalen.

Net nëmmen de Gruppement soll säi Sätz an der Regioun hunn, mee d'Produkter selwer sollen och aus der Regioun kommen. Zu de Krittäre gehéiert dofir, dass Ranner, Schwäin, Schaf, Geessen a Päerd müssen an der Regioun gebuer a gehale gi sinn. Aner Déiere wéi Geflügel müssen zumindest déi lescht dräi Véierel vun hirem Liewen an der Regioun gehale gi sinn.

Wat d'Solidaritéit betrëfft, esou gëtt et Krittären, déi e fait Akommes fir de Produzent virgesinn oder d'Integratioun vu sozial benodelegten oder Leit mat engem Handicap am Produktionsprozess.

Den drëtten Piler gesäit Krittären an de Beräicher „Environnement – Bien-être animal“ vir. Als Beispill wëllt ech hei d'Deelhuelen u verschiddenen Naturschutzmesuren nennen, d'Hale vun Déieren ënner Bedéngungen, déi méi aartgerecht sinn, awer fir de Bauer mat Akommesverloschter verbounnen sinn, oder eng staark Reduktioun vum Asaz vu Pestiziden.

Am éischten Entwurf war virgesinn, dass e Gruppement kéint um Qualitéitssystem deelhuelen, wann e mindestens aus all Kategorie dräi Krittäre géif erfëllen. De Fait, dass dës Krittäre fräi wälbär sollte sinn, ass bei villen Acteuren op Kritik gestouss. Och d'Chambre de l'Agriculture, déi grondsätzlech drop gehalten huet, d'Krittären esou ze wielen, dass méiglechst vill Betriber eng Chance sollten hunn, fir de Label kënnen ze kréien, huet gefrot, dass zumindest de Glyphosat-Verzicht, deen am Ausland fräiwëlleg ass, misst als obligatoresche Krittär agefouert ginn.

Am Kader vun den Diskussiounen vun der Kommissioun gouf decidéiert, dass an all Kategorie een obligatoresche Krittär festgeluecht sollt ginn. Zwee weider Krittäre pro Piler bleiwen au choix.

Nieft dem Glyphosat-Verbuet am Piler „Environnement – Bien-être animal“ gouf am Piler „Qualité – Saveur“ decidéiert, dass obligatoresch Qualitéitsanalysen an engem akkreditéierte Laboratoire misste gemaach ginn, woubäi d'Resultater dovun iwwert dem europäesche Mindeststandard musse leien.



An der Kategorie „Régional – Solidaire“ gëtt et zwee obligatoresch Krittären, woubäi ee planzlech Produkter an een d'Produkt vun Déiere betrëfft. Et geet dorëms, dass déi eenzel Produktiouns- a Veraarbechtungs-schrëtt an der Regioun gemaach ginn.

E Gruppement, deem um Qualitéitssystem wëllt deel-huelen, muss d'Qualitéitskrittären, déi seng Produkter erfëllen, a säi Cahier des charges eranhuelen. Dëse Cahier des charges muss ëffentlech gemaach ginn.

Am Gesetzesprojet sinn d'Krittären net am Detail ausgefouert. Dat kann iwwer Règlement grand-ducal gemaach ginn.

An enger Rei vun Aweise gouf dofir bemängelt, dass d'Krittären net prezis genuch wieren. Et gëtt eng Kommissioun opgestallt, déi d'Demande d'agrément evaluéiert. Déi muss aschätzen, ob d'Krittären, déi d'Gesetz virgesäit, am konkrete Fall erfëllt sinn oder net, an dem Minister en entsprechenenden Avis ginn. Op där Basis decidéiert de Minister, en Agrément ze ginn oder net.

D'Gesetz gesäit och Kontrollmechanisme vir an d'Méiglechkeet fir de Minister, fir den Agrément ze entzéien, wann de Gruppement sech net un d'Krittären hält.

Well dat alles mat engem gewëssenen administrativen Opwand verbonnen ass, gouf et vun enger Rei vun Acteuren d'Suerg, dass dat méi kleng Gruppementen kéint dovun ofhaleen, en Agrément unzufroen. De Minister hat eis do awer verséichert, dass all Interesséiert déi néideg Ënnerstëtzung vun der Verwaltung gëife kréien, soudass och kleng Gruppementen ouni Problem kënnen eng Zertifizéierung ufroen oder um Qualitéitssystem deelhuele.

Automatesch fir de Qualitéitssystem unerkannt gi Produkter, déi an engem anere Qualitéitssystem unerkannt sinn, wéi zum Beispill d'Bioprodukter oder d'Appellation d'origine protégée bei de Wäiner.

De Qualitéitssystem ass evolutiv. D'Zil ass et, d'Gruppementen ze encouragéieren, fir schrëttweis méi Qualitéitskrittären an hire Cahier des charges ze huelen an esou d'Qualitéit vun hire Produkter ze verbesseren.

Et ass richteg, dass et fir grouss Gruppementen méi schwierig ass wéi fir méi klenger, well all d'Membere vun deem jeeweilege Gruppement déi selwecht Krittären mussen erfëllen.

Et sinn awer och Finanzhëllef virgesinn, déi proportional sinn zur Zuel vun de Qualitéitskrittären, déi erfëllt ginn. E Gruppement, deem also am Laf vun der Zäit méi staark Efforte mécht, kritt am Géigenzuch méi Ënnerstëtzung. Dës Hëllef gëtt et nëmme fir Produzenten zu Lëtzebuerg.

Ofschléissend wëll ech nach soen, dass et zu dësem Zäitpunkt net sécher ass, wéi vill Uklank den neien Zertifizierungs- an Agrémentssystem bei de Produzenten wäert fannen. Mir hoffen natierlech, dass herno an der Regaler méiglech vill Produkter mat engem vun deenen zwee neie Labelen erëmzefanne sinn an dass d'Konsumenten verstärkt regional a Bioprodukter aus eiser Regioun kafen.

An der Kommissioun war awer schon ugeschwat ginn, dass no engem rasonablen Delai eng Evaluatioun soll gemaach ginn, fir ze gesinn, wéi de System sech an der Praxis bewäert. De Minister huet zougesot, dass dat op alle Fall och wäert gemaach ginn.

Am Numm vun der LSAP wëll ech nach soen, dass mir deenen neien Zertifizierungs- a Qualitéitssystem gutt fannen, well en et erlaabt, déi gutt Qualitéit vun de Produkter aus eiser Regioun ervirzehiewen an d'Efforte vun eise Baueren a Wënzler fir déi Déierewuel an Nohaltegkeet honoréiert. Mir hoffen, dass d'Konsumenten domat encouragéiert ginn, fir eng lokal a qualitativ

héichwäerteg Produktioun vu Liewensmëttel ze ënnerstëtzen.

An domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Très bien!**

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools der Madamm Rapportrice Tess Burton.

An éischten ageschriwwene Riedner ass déi honorable Madamm Martine Hansen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**Mme Martine Hansen (CSV) |** Villmools merci, Här President. A fir d'éischt e grouss Merci der Rapportrice fir hire kompletten an ausféierleche mëndlechen an och schrëftleche Rapport.

Ech brauch also definitiv net méi an den Detail vum Gesetz eranzegoen.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Martine Hansen (CSV) |** Um Ursprung vun dësem Gesetz steet, an och dat kierzchen ech, éischstens emol den Drock, fir eise Labelen déi néideg den EU-Direktiven entsprechend Zertifizatioun ze ginn, well wa se déi net hunn, kënnen se keng Bähëllef méi kréien am Kader vum Agrargesetz. An ech gi just als Beispill d'„Marque nationale“, wat wierklech e Garant ass vu Qualitéit. Eis Konsumenten woussten do u sech ëmmer a wëssen et och elo nach ëmmer: „Deen do Label, op dee kënnen mer eis verlossen.“ A genausou eppes Staarkes brauche mer am Prinzip.

Zweete Punkt, deem um Ursprung steet, ass u sech de Wonsch, fir méi Transparenz fir de Client ze schafen. An drëttes steet virun allem awer och d'Petitioun Nummer 668 um Ursprung, déi 2016 deposéiert gi war an déi ronn 8.000 Ënnerschrëfte kritt huet an déi gefrot huet, fir méi Lëtzebuurger Produkter an de staatleche Kantinnen anzesetzen. Dat kënnen eebe Crèche, Altersheimer, Prisongen a sou weider sinn.

Ben, doropshin hat den deemolege Landwirtschaftsminister an deen haitege Chamberspresident dunn 2017 den éischte Gesetzesprojet virgeluecht. Dee war awer staark an der Kritik. D'Madamm Rapportrice huet dat gesot. An en ass du vum leschte Landwirtschaftsminister, dem Här Schneider, zrëckgezu ginn, fir dann eeben elo dëse Gesetzesprojet ze deposéieren.

Dat Ganz huet also schon e ganz laange Baart.

D'Zil vun der Petitioun hat u sech vun Ufank en eis Ënnerstëtzung. An duerfir ass fir eis de Projet de loi 7672 och e ganz wichtege Gesetzesprojet. Well e kann, respektiv e kéint, hëllefen, déi Lëtzebuurger Produkter besser ze vermaarten an ze promovéieren.

Als CSV ass et fir eis wichteg, an dat hunn ech scho méi wéi eemol hei gesot, dass mer eng nohalteg Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg behalen an och eng Landwirtschaft, déi qualitativ héichwäerteg Produkter produziéiert.

A wéi wichteg et ass, dass an der EU nach Liewensmëttel produziéiert ginn ..., Stéchuert: Liewensmëttelsouveränitéit. Ech mengen, do hate mer virun engem Mount oder sechs Wochen eng Aktualitéitsstonn hei, an där mer gesot hunn, et wär wichteg, dass d'Liewensmëttelsouveränitéit erëm en explizit Zil vun der Agrarpolitik gëif ginn. Wéi wichteg et ass, dass mer och hei zu Lëtzebuerg nach Liewensmëttel produziéieren, mengen ech, weist eis sécherlech elo d'Situatioun vum Krich. An dat huet eis virun an och schon d'Pandemie gewisen. D'EU muss verhënnere, och an de Liewensmëttel ëmmer méi ofhängeg ze gi vun anere Länner,

an och Lëtzebuerg soll net nach méi ofhängeg gi vun anere Länner.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**Mme Martine Hansen (CSV) |** Als CSV ass et fir eis awer des Weidere wichteg, dass mer eng Landwirtschaft hunn, déi am Aklang mat der Natur schafft a bei där och d'Déierewuel am Mëttelpunkt steet. An dat geet awer nëmme, wann dat alles eis eppes wäert ass. Well wann de Bauer net ka rentabel schaffen, wann en owes manner an der Täsch huet wéi moies, wann en opsteet, da mécht dee beschte Bauer dat net laang mat.

Eis Landwirtschaft steet a Konkurrenz mat Produkter aus dem Ausland, wou eeben d'Produktionskäschte ganz dacks net esou héich sinn. Beispill: de Loun. Beispill: de Buedem. Eis Pachtpräisser hei si vill méi héich wéi an deenen aneren ugrenzende Länner. Beispill: d'Bauen. Mir hu souguer aner Virschrëfte wéi eis Nopeschlänner.

Ganz dacks hunn déi Länner och iwwerhaapt net déi Oplagen, wéi mir se hei an der EU hunn oder och a Lëtzebuerg hunn – Beispill: Fleesch aus Argentinien –, déi also méi bëleg produziéieren kënnen.

An dofir läit et op der Hand, dass d'Regionalitéit, dat regionaalt, dat lokaalt akafen, en Deel vun der Lösung ass. An hei muss de Staat och mam gudden Beispill virgoen. An do hu mer nach Sputt no uewen.

Wéi gesot: D'Ziler vum Gesetz kënnen mer mat zwou Hänn oder – mir sinn zu 21 – mat 42 Hänn ënnerschreien. Déi kruzial Fro ass awer: Ginn déi gesaten Ziler mat dësem Gesetz erreecht?

Wéi gesot, dat éischt Zil, do kann ech soen: Jo, déi Labelen, déi d'Krittäre vun dësem Projet de loi erfëllen, sief dat d'Basiskrittären oder eeben d'Basiskrittären plus d'Qualitéitskrittären – ech brauch se net ze beschreiwen, d'Madamm Burton huet dat gemaach –, si konform mat den EU-Direktiven a wäerten an Zukunft och kënnen finanziell ënnerstëtzt ginn. Dat éischt Zil gëtt also erreecht.

Dat zweet Zil, dat ech genannt hunn, ass: méi Transparenz fir de Konsument. Am Exposé des motifs steet: „Malgré la multitude des labels d'origine luxembourgeoise ou étrangère présents sur le marché, ces labels ont des exigences très variables en termes de durabilité et de qualité“. Duerfir gëif de Konsument riskéieren, sech net méi erëmzefannen. D'Fro ass also: Gëtt dat elo besser heimat?

Mat dësem Projet de loi kréien elo d'Produkter, déi entweder d'Basiskonditiounen vun der Zertifizatioun erfëllen, déi also e Cahier des charges hunn, deem ëffentlech ass a sou weider, oder d'Basiskrittären an d'Qualitéitskrittären erfëllen, alleguer de Logo mam X „Luxembourg – agréé par l'État“.

Woubäi ech mech froen: Gëtt elo heimat méi Transparenz geschaf? Et gëtt mam Logo keen Ënnerschied gemaach – well an der Annex vum Gesetz gëtt et just ee Logo, dee mam X „Luxembourg – agréé par l'État“ – tëschent der Basiszertifizatioun an der Qualitéitszertifizatioun. E QR-Code kann elo d'Detailer weisen, mee ech weess net, wéi et Iech geet, mee wann ech akafe ginn, da sinn ech frou, wann ech alles hunn an ech hunn et bezuelt an ech sinn erëm am Auto. Ech scannen net tëschenduerch nach QR-Coden.

Am Sitzungsrapport vum Juli steet, dass de Logo kéint ergänzt ginn duerch „système de qualité“ plus de QR-Code. Am Gesetzestext steet dat net dran. Am Rapport och net. Dofir: Méi Transparenz ass an deem Sënn fragwürdeg.

An da froen ech Iech: Wat denkt de Client, wann en esou e Logo gesäit: „Luxembourg – agréé par l'État“?

Mee deen denkt: „Dat do ass e Produkt vun hei. Wann ech dat elo kafen, dann ënnerstëtzen ech eis Landwirtschaft hei.“

Ass dat awer esou? Nee. Et ass zumindest net garantéiert, datt et e Produkt aus eiser Géigend ass. Firwat soen ech dat? Abee, éischters: De Label kritt jo och deen, dee just d'Basizifikatioun huet. Wie kann do matmaachen? Do kann all Gruppement matmaachen, och een aus Süditalien, och een aus Nordspuenien, Norddäitschland, Polen, Wann en eeben d'Basiskritären erfëllt – Cahier des charges a sou weider, do steet absolut näscht vu Regionalitéit dran –, da kritt en, wéi gesot, de Label mam X „Luxembourg – agréé par l'État“.

Ass do Transparenz? Wéi gesot, de Label seet absolut näscht iwwert d'Hierkonft aus.

Wann ech dann elo deen zweete Fall kucken, deen u sech d'Basiskritären huet an zousätzlech d'Qualitéitskritären erfëllt: Do steet am Piller „Régional – Solidaire“, datt et do en obligatoresche Kritär gëtt, dee beseet, datt d'Produkte mussen aus der Regioun kommen an och do transforméiert ginn. Dann heescht dat och nach net, datt déi Regioun iergendepes mat Lëtzebuerg ze dinn huet. Neen. Et heescht, datt d'Produkte mussen aus engem Rayon vun 250 km vum Siège social vum Gruppement produzéiert ginn. Dat heescht am Kloeertext: Wann de Siège social zum Beispill zu Warschau ass, dann heescht „regional“: wann d'Produkte 250 km aus dem Émkrees vu Warschau kommen. Oder de Siège social ass iergendwou an Holland, e géif Geméis produzéieren, dann heescht de Logo, den X „Luxembourg – agréé par l'État“ ..., regional heescht dann: 250 km vum Siège social an Holland.

Ech soe lo, zum Beispill, wann dat Geméis ass: Wat denkt awer de Konsument? Ma de Konsument denkt: „Ma dat ass Lëtzebuerg Geméis.“ Wéi gesot, dat muss ech soen: e bëssen ugeschmiert. Well dat muss net sinn!

Also méi Transparenz? Ech muss soen, dat Ganzt riskéiert, irreführend ze ginn.

Den obligatoresche Kritär am Piller „Environnement“, dee beseet, datt de Produzent elo kee Glyphosat op senger Flächen därer ausbréngen, relativéiert d'Problematik e bëssen, well Lëtzebuerg dat eenzegt Land ass, an deem ee kee Glyphosat méi därer ausbréngen. Dat verhënnert awer net, datt och een a Pole kee Glyphosat ausbréngt an awer kann hei matmaachen. Virun allem fir d'Biobauern ass dat, mengen ech, och eppes, dat zielt! Duerfir, Här President, bei dësem zweeten Zil zweifele mer drun, datt et erreecht gëtt.

Da kommen ech bei dat drëtt Haptzil, nämlech d'Zil vun der Petitioun: méi Lëtzebuerg Produkter an de staatleche Kantinnen. Hei zielt elo déi selwecht Remark vun der Regionalitéit. Do ginn ech net méi nach eng Kéier drop an. Well wann elo auslännesch Firmen de Lëtzebuerg Agrement kréien an doduerch och kënne bei den Ausschreiwunge matmaachen, da riskéieren eis richteg regional – pardon, wann ech et elo esou nennen, mee fir mech sinn déi richteg regional, wa se hei aus der Regioun kommen – Produkter, dee Kierzeren ze zéien.

Ech weess, d'Madamm Rapportrice huet gesot, déi kréie jo awer keng Bähëllef iwwert d'Agrargesetz. Mee dat ass deene vläicht zimmlech egal. Well wann déi méi eng grouss Gewënnmarge hu wéi eis national Betriber, dann ass déi Bähëllef hinne net méi wichteg. Dann ass dat, wat wichteg ass, datt si bei der Ausschreiwung hei mat grousser Quantitéiten an eis staatlech Kantinnen zum Beispill kommen.

D'Landwirtschaftskummer hat an hirem Avis och op dës Problematik higewisen. Ech zitieren: „Le

groupement de producteurs est en droit d'avoir son siège n'importe où sur la surface de la terre [...] tout en bénéficiant du logo marqué du sigle X. Cet élément met en évidence une incohérence entre une certification étatique luxembourgeoise d'un produit susceptible d'être fabriqué de l'autre côté de la terre, mais dans un rayon de 250 km et ensuite transporté [...] jusqu'au Luxembourg.“

Och am kriteschen Avis vum Mouvement écologique an der Lëtzebuerg Landjugend a Jongbaueren, woubäi mer haut u sech nach eng Kéier e Rappel vun hirem kriteschen Avis kritt hunn, gëtt dës Problem ervirgestrach, a si schwätze vun enger „Mogelpackung“.

Wann hei, wéi gesot, auslännesch Gruppementen probéieren, mat dësem Label zum Beispill am Fleeschberäich esou an eis Kantinnen ze kommen, dann ass dat hinne zimmlech egal, ob se Bähëllef kréien. Hinne geet et ëm d'Quantitéit vum Ofsaz. A wann dës tatsächlech géif geschéien, da riskéiert dës System, kontraproduktiv fir eis Landwirtschaft ze sinn, an dës, wéi gesot, souwuel fir déi konventionell wéi fir d'Biolandwirtschaft.

Donieft riskéiert den administrativen Opwand fir déi méi kleng Gruppementen – ech soe lo zum Beispill „d'Fair Mëllech“, ech soen d'„Marque nationale“ vum Hunneg oder och d'solidaresch Landwirtschaft – esou grouss ze sinn, datt si et guer net packen, fir iwwerhaupt kënne matzemaachen. An dat wär an eisen Aen eng Katastroph. Duerfir fuerdere mer wierklech och, datt dës méi kleng Gruppementen wierklech all d'Hëllef kréien, fir datt se iwwerhaupt d'Méiglechkeet hunn, bei dësem Logo matzemaachen.

Här President, u sech wollt ech gäre vum haitege Landwirtschaftsminister eppes wëssen, mee den Här Fayot ka mer vläicht drop äntweren. Ech wollt wierklech gäre wëssen, ob hie wierklech iwwerzeegt ass, datt mer mat dësem Gesetz, wa mer dat stëmmen, dann duerno méi a mengen Ae regional Produkter an eise staatleche Kantinnen hunn. Wat geschitt, wa mer dat Gesetz elo gestëmmt hunn? Wat geschitt muer, iwwermuer, an enger Woch oder an zwou Wochen, fir datt mer dat Zil do kënne erreechen?

Ofschléissend, Här President: Ech hunn et am Ufank gesot, datt an eisen Aen dräi Ziler missten erreecht ginn. An d'Fro ass jo dann: Gi se erreecht?

Déi éischt Labele si konform. Si kënne Bähëllef kréien. Dat éischt Zil gëtt erreecht, hunn ech gesot.

Dat zweet Zil: méi Transparenz fir de Konsument. Mir zweifelen drun, datt dës Zil erreecht gëtt. Wéi gesot, et gëtt een Ennerscheid gemaach tëscht de Basiskritären am Logo, tëscht de Basiskritären an de Basiskritären plus de Qualitéitskritären. „Regionalitéit“ seet näscht iwwert d'Definitioun, wéi ech se gesinn, vu Regionalitéit aus. Et kann 1.000 km wäit transportéiert ginn.

Dat drëtt Zil: méi Lëtzebuerg Produkter an de staatleche Kantinnen. Leider kann ech och do net soen, datt ech iwwerzeegt sinn, datt dat Zil erreecht gëtt. Wéi gesot ëm eng Kéier: d'Regionalitéit, d'Definitioun an den administrativen Opwand.

Sou, Här President, wéi stëmmt een elo bei esou engem Gesetz? Also himmelhoch jauchzend Gefiller hu mer keng. Ech mengen, dat hutt Der gemierkt. Op där anerer Säit wësse mer, datt mer e legale Kader brauchen fir d'Zertifizéierung vun eise Produkter, fir datt eis Labele kënne ënnerstëtzt ginn. Duerfir wäerte mer eisen Accord zum Projet de loi ginn, wann – an ech géif mengen, wann ech d'Madamm Burton héieren hunn, därft dat kee Problem sinn – d'Majoritéitsparteien d'accord sinn, fir dës Projet de loi no zwee Joer ze

evaluieren, sou wéi och d'Landwirtschaftskummer dat gefrot huet.

An an deem Fall ginn ech Iech hei eng Motioun, wannechgelif.

### Motion 1

„Certificatioun vun de landwirtschaftleche Produkter“

D'Chamber

stellt fest,

– datt eis Landwirtschaft eng immens wichteg Bedeitung huet fir d'Liewensmittelproduktioun a fir den Erhalt an d'Fleeg vun der Landschaft;

– datt dat neit Gesetz ë. a. zum Zil huet, d'Konsumente besser iwwer d'Liewensmittelproduktioun hei zu Lëtzebuerg ze informéieren a si fir déi regional a qualitativ héichwäerteg Produkter ze sensibiliséieren;

– datt d'Landwirtschaftskummer an hirem Avis drop hiweist, dat de Projet de loi zwar an déi richteg Richtung geet, mee datt den Text awer net wäit genuch geet, fir d'Besoin vum Secteur ze erfëllen;

– datt a verschiddenen Avisen zum Projet de loi drop higewise gëtt, datt d'Qualitéitskriterien net prezis genuch definéiert sinn an d'Regionalitéit vun de Produkter net staark genuch geschützt gëtt,

erënnert drun,

– datt 7758 Leit am Joer 2016 d'Petitioun 668 „Lëtzebuerg Produkter an der öffentlecher Restauratioun“ ënnerschriwwen hunn.

D'Chamber fuerdert d'Regierung op:

– no zwee Joer eng Evaluatioun vum Gesetz duerchzuféieren, fir ze iwwerpréiwen, ob déi am Text definéiert Ziler erreecht goufen;

– fir den Text, am Fall wou d'Ziler net erreecht goufen, am Interêt vun der Landwirtschaft an dem Konsument unzepassen.

(s.) Martine Hansen, Emile Eicher, Félix Eischen, Aly Kaes, Octavie Modert.

M. Fernand Etgen, Président | Merci.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Fir ze evaluieren, wéi gesot, ze präiwen, ob déi gesaten Ziler erreecht gi sinn. A wann net, fir dann eng Upassung ze maachen. Am anere Fall kënne mer d'Gesetz leider net stëmmen.

Donieft wëll ech awer nach eemol kuerz op d'Konklusioun vum der Petitiounsdebatt agoen.

Hei war nämlech ënner anerem festgehal ginn – Dir kënnt Iech erënneren, ech hu gesot, dat war 2016 –, datt eng Plattform d'échange sollt bei der Landwirtschaftskummer gegrënnt ginn, déi d'Produzenten, d'Vertreider, den Handel, d'Restaurateuren an esou weider sollt zesummebréngen, eebe mam Zil, fir d'Besoinen openeen ofzestëmmen.

De Landwirtschaftsministère sollt d'Personal vun der Landwirtschaftskummer deementspreechend opstücken.

Dunn ass eng Zäitche laang u sech net vill geschitt. Am Januar 2018 hat den deemolege Landwirtschaftsminister – ech mengen, den Här Chamberspräsident wäert sech nach drun erënneren – d'Chamber informéiert, datt hien e Projet vun engem GIE, Gruppement d'intérêt économique, ausgeschafft hätt, an dës GIE sollt dann déi Plattform d'échange duerstellen an d'Direktioun vum GIE sollt de sougenannte Matchmaker sinn, deem seng Haaptmissioun et wär, fir d'Hürden ze identifizéieren, déi géife verhënnern, datt mer méi lokal Produkter géifen an eise staatleche Kantine verschaffen.



An hien hat a sengem Bréif drop higewisen, datt dës GIE sollt spéitstens am Juli 2018 lancéiert ginn. Ben, lo si mer Mee 2022 an ech hu ronderëmtelefontéiert: Laut eisen Informatiounen gëtt et deen elo ... 2018 war awer esou typescherweis e Waljoer. Déi am Waljoer 2018 ugekënnegt Plateforme d'échange mat Matchmaker gëtt et nach ëmmer net! An ech hoffe wierklech, datt eis Baueren, Gärtner a Wënzer net müssen op dat nächst Waljoer waarden, fir datt se erëm eppes versprach kréien.

An duerfir fuerdere mer d'Regierung an enger zweeter Motioun op, déi an der Konklusioun an der Petitioun festgehalen d'Plateforme d'échange bei der Landwirtschaftskummer ze grënnen an hir déi néideg finanziell Moyenen zur Verfügung ze stellen, fir ënner anerem kënnen dee sougenannte Matchmaker anzustellen, eebe mam Zil, fir d'Hürden ze identifizéieren an ofzebauen, Hürden, déi den Asaz vu méi regionale Produkter an de staatleche Kantine verhénnere. Den Asaz vun eise regionale Produkter, d'Regionalitéit, de regionalen Akaf ass en Deel vun der Léisung.

Ech soen Iech Merci.

## Motion 2

*D'Chamber stellt fest,*

– datt 7.758 Leit am Joer 2016 d'Petitioun 668 „Lëtzeburger Produkter an der ëffentlecher Restauratioun“ ënnerschriwwen haten;

– datt d'Kommissiounen den 19. Januar 2017 an hire Conclusiounen zum Debat festgehalen haten, datt bei der Landwirtschaftskummer soll eng Plattform opgebaut ginn, fir datt déi eenzel Acteure sech kënnen ënnereneen austauschen;

– datt de Landwirtschaftsministère a sengen Conclusiounen zum Debat vun der Petitioun 668 vum 31. Januar 2018 d'Schaffung vun esou enger enger Plattform a Form vun engem Groupement d'intérêt économique (GIE) mam Numm „Luxembourg for food and agriculture“ an Ausischt gestallt hat;

– datt an deem Zesammenhang d'Landwirtschaftskummer soll d'Roll vun engem „Matchmaker“ tëschent de Produzenten, de Veraarbechtungsentreprisen, den Distributeuren an de Bedreiwer vun den ëffentlechen Kantinen iwwerhuelen;

– datt et dës Plattform nach net gëtt, obwuel de Ministère a sengem Courrier vum 31. Januar 2018 d'Asetzung vum GIE bis spéitstens Juli 2018 ugekënnegt hat;

– datt esou eng Plattform den Ofsaz vun de Lëtzeburger Agrarprodukter géif nohalteg stäerken,

fuerdert d'Regierung op:

– esou eng Plattform esou séier wéi méiglech am Interêt vun alle Bedeelegten anzesetzen;

– der Landwirtschaftskummer déi néideg zousätzlech finanziell Moyenen zur Verfügung ze stellen, fir datt si der Missioun als „Matchmaker“ och ka gerecht ginn, esou wéi d'Kommissiounen dat an hire Conclusiounen nom Debat gefuerdert haten.

(s.) Martine Hansen, Emile Eicher, Félix Eischen, Aly Kaes, Octavie Modert.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Am Verbraucherindex, oder dem Index, méi allgemeng gesot, dee jo an de leschten Deeg ganz staark an der Diskussioun war, muss een zréckbehalen, datt do jo awer och ronn 11,4 % fir d'Liewensmëttel reservéiert

sinn. U sech mengt een, dat wier jo keen héijen Undeel. Et ass och kee schrecklech héijen Undeel, mee et beweist awer, datt d'Liewensmëttel u sech awer eng ganz wichteg Plaz anhuelen an dem Index.

D'Liewensmëttelpräisser sinn iwwregens vun Oktober 2021 bis Mäerz 2022 ëm 3,4 % an d'Luucht gaangen, d'Fleesch eleng ëm 4,1 %, d'Schofs- an d'Geessfleisch iwwregens ëm 9 %. Déi Präishaussä sinn natierlech zu engem Deel ze erklären duerch d'Augmentatioun vun de Präisser vum Fudder, vun der Energie a vum Dünger.

Mee eppes ass ganz kloer: Wann ee gäre méi Qualitéit an d'Produktioun vun de Liewensmëttelen wëllt erabringen, da wäert dat ouni Zweifel och eng Inzidenz op de Präis hunn. An et muss een och hei ënnersträichen, datt op alle Fall d'Liewensmëttelproduzente méi wéi jee och an Zukunft Urecht hunn op en uge-moossene Präis.

Mir liewen de Moment an enger Zäit, an dat ass och gutt esou, an där de Konsument u sech méi usprochsvoll ginn ass. Et gëtt eng Rei Entwécklungen, déi derzou bäigedroen hunn, datt de Konsument och méi kritesch ginn ass. Ech denken hei zum Beispill an éischter Linn un déi vill Liewensmëttelskandalen. D'Sensibilitéit ass méi grouss ginn. An de Konsument verlaangt hei u sech och vill méi Transparenz. An dat ass och doduerch ze erklären, datt e sech asetzt fir méi eng propper Ëmwelt. De Respekt vis-à-vis vum Déier ass gestiegen.

An ech kommen dann och op déi Petitioun ze schwätzen, déi schonn e puermol hei ugeschnidde ginn ass. Dat ass déi Petitioun 668 vum 2016, an där et jo virun allem drëms gaangen ass, fir u sech och lokal, national Produkter och an eisen eegene Kantine méi ze promovéieren.

Ech muss éierlech soen: Dat iwwerrascht een e bëssen, datt mer et einfach net fäerdegbréngen, deem Zil och méi gerecht ze ginn. Mir schwätze scho jorelaang dervun, fir méi lokal Produktiounen hei zu Lëtzebuerg ze promovéieren, ma iergendwéi brénge mer et awer net esou richtig fäerdeg.

De Marché vun de Bioprodukter ass amgaangen, an d'Luucht ze goen. Dat ass och gutt esou. Ech mengen, dat mierkt een och, wann ee virun allem a grouss Supermarché geet, datt d'Regaler ëmmer méi gefällt sinn. An awer huet een nach d'Impressioun, wéi wann dat awer nach net dee Stellwäert erreicht hätt, deen et u sech misst hunn.

Och um legislative Plang kann een an deene leschte Jore feststellen, datt deem Gesënnungswandel an der Gesellschaft u sech elo Rechnung gedroe gëtt. An dat Gesetz vun haut dréit deem ouni Zweifel och Rechnung.

Et muss een natierlech soen, datt d'Aféierung vu Labelen näischt Neits ass. Dat hu mer scho jorelaang versicht duerstellen. An et besteet praktesch e gewëssenen Dschungel vu Labelen. An duerfir ass et gutt, datt awer elo e bësse méi eppes Gebündeltes geschaf gëtt fir de Konsument, awer virun allem och den Adjudicateur. Firwat schwätzen ech grad vun deem? Mee well eeben och iwwert d'Marché-publics-Gesetz jo d'Méiglechkeet besteet, haut eeben och méi geziilt an den Ausschreiwunge festzehalen, wat fir e Produkt virun allem ech wëll kréien.

Et ass natierlech net ëmmer einfach, e gemeinsamen Nenner ze fannen. Bei der Zilsetzung si mer eis all eens, mee beim Wee dohinner, do ginn d'Meenunge munchmol auseinander. Dat bréng natierlech da mat sech, datt herno e gewëssene Konsens zréckbehalen gëtt. An och dat mierkt ee bei dësem Gesetz, wat natierlech dann och heiandsdo zur Konklusioun féiert,

datt d'Gesetzer awer net ëmmer an deem Mooss esou entstinn, wéi een dat soll a priori gesinn.

Dee Gesetzesprojet hei huet natierlech eng laang Geschicht. Et ass virduer schonn drop higewise ginn. An ënnert dem fréiere Landwirtschaftsminister war jo schonn e gudder Gesetzesprojet ausgeschafft ginn. Do sinn natierlech eng Rei nei Erkenntnisser komm. Dee Gesetzesprojet huet, menger Meenung no, awer de Meritt, datt en eng Basis duergestallt huet, fir u sech dat hei Gesetz auszuschaffen.

An ech wëll op dëser Plaz awer och dem fréiere Landwirtschaftsminister, dem Romain Schneider, e Merci aussprechen, well hien huet sech awer och derfir agesat, datt dat Gesetz hei awer trotzdeem déi Ausrichtung krut, déi et kritt huet an déi awer mat Sécherheet net déi allerschlechtst ass.

Ech wëll dann och op de Gesondheetsdësch vun 2016 hiweisen, deen u sech eng Rei wichteg Piste schonn opgezeechent huet, wou dat Gesetz hei sollt hiféieren.

An d'Tatsaach, datt mer eng ganz Rei vun Avisen erakruten, Avise vun enger Rei vun Organisatiounen, déi sech a priori net ëmmer direkt ugesprach fillen, fir Avisen ze ginn, beweist jo awer, datt den Interessi immens grouss ass. Ech weisen zum Beispill hin op de Conseil supérieur de développement durable, Fairtrade Lëtzebuerg, d'Chamber mam Mouvement écologique oder Bio Lëtzebuerg. An dat ass awer ganz positiv. Dat ass awer de Beweis, datt hei Leit sech awer Gedanke maachen: Wéi soll eis Liewensmëttelproduktioun an Zukunft besser gestalt ginn? An ech sinn och iwwerzeegt, datt all hir Avisen awer och derzou bäigedroen hunn, datt eist Bewosstsinn doduerch awer mat Sécherheet positiv beaflosst ginn ass.

E wichtegen Avis ass natierlech och dee vun der Landwirtschaftskummer. Ech mengen, si verrieden awer déi Haaptacturen hei. Do sinn eng Rei méi kritesch Aussoe gemaach ginn, déi een och zum Deel kann deelen, virun allem, datt se vun de Kritikere schwätzen, déi zum Deel subjektiv wieren. Mee si hunn eng Ausso gemaach – an ech mengen, déi kënnen mir als DP och hei deelen –, datt u sech dat Gesetz hei muss relativ schnell evaluéiert ginn an datt och e Bilan muss virgeluecht ginn.

Am Virfeld ass natierlech ganz vill diskutéiert ginn iwwert den Term „Regioun“. An et war virun allem deen Term, deen zu ganz villen Diskussiounen gefouert huet. A mir wëssen awer, datt mer do ënnert dem Drock och vun der Europäescher Unioun stoungen. Den Term „Regioun“, dee jo festhält, datt an engem Ëmkrees vun 250 km u sech soll dann de Groupement matconsideréiert ginn. Mir wollten dat als Lëtzebuerg net onbedéngt hunn. Bon, mir hunn eis eebe wëssen der EU-Contrainte do bëien. Mee ganz frou war mer natierlech doriwwer net.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mir elo e bëssen de lokale Marché hei zu Lëtzebuerg analyséieren, da stelle mer awer fest, datt do nach ganz vill Potenzial ass. Well dat Gesetz hei ass jo u sech zu engem gudden Deel dorobber axéiert. An et gëtt eng Rei Domänen, wou nach ganz vill Potenzial besteet. Ech denken zum Beispill un d'Uebst, ech denken zum Beispill awer och un d'Geméis, do, wou jo elo awer d'Regierung versicht, deem méi Rechnung ze droen. Zum Beispill sollen d'Subventiounen ëm 20 % gehéicht ginn.

An da si mer natierlech och ganz séier bei der Diskussioun iwwert d'Konstruktioun vun Zären. Mir wëssen, datt mer hei zu Lëtzebuerg eeben dat Klima hunn, dat mer eeben hunn an dat et engem eeben net erlaabt, iwwert d'ganz Joer eng Rei Kulturen ze ënnerhalen. An duerfir muss och déi Diskussioun iwwert d'Zäre

seriö diskutéiert ginn. Natierlech mussen d'Ëmwelt-aspekter ëmmer matconsideréiert ginn.

Ech wëll da virun allem och op ee Produkt hiweisen, dat eeben de Moment och Héichkonjunktur huet: Dat sinn d'Spargelen. Wann ech do kucken, wéi déi sech an de leschte Joren entwéckelt hunn, da mengt een, do missten nach méi Méiglechkeeten dra sinn. Vun 2018 bis 2021 huet d'Ubaufläch sech vun 13 op 15 Hektar erhéicht. Dat ass u sech net vill. An et muss ee wëssen – bon, ech sinn zwar elo kee Spezialist, mee et huet ee sech awer e bëssen informéiert –, datt d'Spargelen u sech liichte Buedem brauchen, vill Sonn brauchen, mee datt entretemps awer och d'Experienz gewisen huet, datt zum Beispill och am Éislek kënne Spargelen ugebaut ginn. Firwat gi mer net hin a mer versichen, wéi gesot, dee Beräich nach méi hei zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer elo op dee Qualitätssystem hei zrëckkommen: En ass jo fräiwëleg, wat a priori och eng gutt Saach ass. Et kann ee sech och nëmmen hei derfir aussprechen, datt d'Produzente sech sollen derfir asetzen, dass se déi meescht méiglech Krittären och sollen erfëllen, well dann och de Konsument vläicht nach éischter bereet ass, dat Produkt ze konsuméieren.

Iwwert de Logo: Ech mengen, d'Madamm Hansen ..., an ech si ganz éierlech: Ech sinn net esou schrecklech wäit vun Iech entfernt. Ech muss och éierlech soen: Mat dem Logo hunn ech och liicht meng Problemer. Ech fannen, de Logo misst nach méi spezifesch zum Produkt hin entwéckelt ginn. An ee Problem besteet nun doranner: Mir hunn e Produzent, deen eeben, loosse mer soen, vun deenen eelef oder zwielef Krittären, déi an eenzele Piliere mussen erfëllt ginn, dann zwee, dräi, véier erfëllt, plus natierlech déi obligatoresch, en aneren, deen erfëllt der siwen, aacht, mee a priori gëtt no bausse keng Differenz gemaach.

Dat ass elo e bëssen: Dir hutt en Exame gemaach, Dir huet e gepackt. Bon, deen ee kritt eng Mention „bien“, deen anere kritt eng Mention „très bien“. Mee hei kënnt dat net zum Virschäin. Duerfir, mengen ech, misste mer awer vläicht och eng Kéier eis d'Fro stellen, ob net déi Leit, déi Produzenten, déi wierklech méi Efforte maachen, och vläicht méi dann dervu sollen hunn.

Wat ech och hoffen, ass, datt déi Prozedur, déi natierlech sech a priori net liicht ugesäit, net ze vill schwéierfällg gëtt. An dowéinst muss een einfach och éierlech sinn. Nach eng Kéier: Mir mussen dat Gesetz hei, dat och a priori mat Sécherheet eng Verbesserung ass, awer firmer oder spéider nach eng Kéier op de Leescht huelen, fir ze kucken, wat et an der Realitéit bruecht huet.

Erlaabt mer vläicht, e puer Remarken ze maachen zu deenen eenzelen dräi Piliere. Ech fänken u mam Pilier eent, de „Qualité – Saveur“, fir op eenzel Punkten agoen. Zum Beispill de Punkt siwen, an deem et ëm d'Ingrediénte geet, déi natierlech mussen aus natierlecher Substanz sinn. Ech fannen dat eng immens wichteg Saach. Oder am zweete Pilier, „Régional – Solidaire“, dass zum Beispill d'Schluechten an d'Veaarbechtung vu Véi an der Regioun muss sinn. Dat bréngt natierlech mat sech, datt och manner Transporter entstinn. Ech mengen, dat ass eppes, dat an deene leschte Joren ëmmer erëm an der Kritik steet: Dat sinn déi zum Deel onsënneg Véitransporter. Doduerch kënnen déi awer ewechfalen an doduerch gëtt manner CO<sub>2</sub> produziéiert.

Da wëll ech awer virun allem op ee Krittär hiweisen, dat ass de Krittär zéng, laut deem och d'Produzente kënnen dervu profitéieren, wa se zousätzlech Leit astellen, déi e gewëssenen Handicap hunn. Ech

mengen, och dat ass immens wichteg. Et gëtt vill ze oft vergiess, datt mer och déi Leit mussen esou wäit wéi méiglech mat an den Aarbechtsprozess abannen.

Den drëtte Pilier, mengen ech, ass ee vun deene wichtegsten: Dat ass den „Environnement – Bien-être animal“. Do geet et drëms, datt ee kann e verbesserte Biodiversitéitsschutz ustriewen. Mir sollten eis kengen Illusiounen higinn. Mir hunn nach wie vor hei zu Lëtzebuerg immens Problemer mat der Biodiversitéit. Do ass och e Lien zum aktuellen Agrargesetz hiergestallt.

An da si mer natierlech och ganz séier beim Waasserschutz. Een, dee behaupt, mir hätte keng Problemer hei zu Lëtzebuerg mat der Qualitéit vun de Gewässer, dee seet d'Wourecht einfach net. Ech mengen, dat sollt ee ganz klipp a kloer soen. Dach! Mir hu ganz vill Problemer mat der Qualitéit vun eise Gewässer an et ass och an deene leschte Joren net vill besser ginn.

An dowéinst si mer och ganz séier bei de Quellschutz zonen. An och hei gëtt et jo dann d'Méiglechkeet, deene Produzenten, déi verstärkt dorobber setzen, eeben d'Méiglechkeet ze ginn, déi Krittären ze erfëllen. Ech wëll just drop hiweisen: Mir hunn zënter 2014 45 Quellschutz zonen ausgewisen, wat eng merklech Verbesserung ass par rapport zu fréier, wou dat awer net onbedéngt esou pousséiert ginn ass.

Dann ass awer och drop hinzewisen, datt sech jo awer am Grondwaasser virun allem awer Réckstänn vu gewëssene Pollutiounen iwwer 10, 15 Joer kënnen hinziehen. Dat soll een also alles net ënnerschätzen. Dat Gesetz hei erlaabt jo awer zumindest, oder gëtt deene Produzenten d'Méiglechkeet, verstärkt Efforten och um Niveau vum Gewässerschutz ze maachen.

Ech weisen och op de Krittär aacht hi vum drëtte Pilier, an deem et ëm d'Reduktioun vu Sprëtzmëttele geet. Och do hu mer nach ganz vill Nohuelbedarf, well eeben nach einfach ze vill Planzeschutzmëttelen agesat ginn, déi net onbedéngt op biologescher Basis hiergestallt gi sinn.

Da si vläicht och d'Krittäre véier a fënnf interessant, an deenen et ëm den Offall geet an d'Gestioun vum Offall an och d'Verpakung. Net méi spéit wéi d'lescht Woch hu mer jo hei e puer interessant a wichteg Gesetze gestëmmt, wat d'Offallproblematik ubelaangt, soudatt dat u sech elo awer och eng gutt Saach ass an dat sech hei gutt dee Moment matenee verbënnt.

Wat den Déiereschutz an d'-haltung ubelaangt, och do soll een net ze vill naiv sinn. Mir hunn zwar e strengt Déiereschutzgesetz. An awer wësse mer, datt et awer nach ëmmer eng Rei Nodeeler gëtt, wat eeben den Déiereschutz u sech ubelaangt. Ech mengen, dat ass virun allem och en Aspekt, dee fir eis als DP ganz wichteg ass.

Wichteg ass och, datt déi Efforten hei vu staatlecher Säit aus subventionéiert ginn. Mir hate jo elo absolutt kee Problem domat ..., mir wäerten absolutt kee Problem hunn, fir elo op eemol de Bensinn ze subventionéieren. Ech wëll dat net weider hei elo kommentéieren. Ech mengen awer, et ass méi wichteg, datt mer gesond Liewensmëtteleproduktioun awer och als Staat weesentlech ënnerstëtzen. Ech mengen, datt dat awer nach ëmmer méi wichteg ass wéi Bensinn. Mee bon.

(Interruption)

Gelif?

(Interruption)

Ma jo. Merci! Jo.

(Hilarité)

Ech si frou, dat ze héieren!

Een Nodeel vun deem Gesetz ass hei natierlech, datt et e Gruppement muss sinn, dee kann eligibel sinn

fir, wéi gesot, dee Label ze kréien. Dat ka sech an der Praxis natierlech nodeelhaft auswierke fir déi kleng Produzenten. Och dat ass e Punkt, iwwert deen een awer nach eng Kéier fréier oder spéider muss vläicht méi am Detail diskutéieren.

Wat d'Ausfëlle vum Cahier des charges ubelaangt, hunn ech virdru schonn drop higewisen: Mir mussen oppassen, datt mer elo net ze vill administrativ Hürden do virgesinn.

Mee wat awer op där anerer Säit positiv ass, ass, datt dee Cahier des charges u sech och kann dem Konsument virgeluecht ginn, soudatt en en Abléck huet, wéi dee Cahier des charges dann opgestallt ass.

De ganze System steet a fäit awer ouni Zweifel mat dem Contrôle. Mir kënnen hei déi beschte Gesetze, déi beschte Reglementer zrëckbehalen, wann net en elementare Contrôle funktionéiert, da wäert dat och mat Sécherheet an der Praxis net déi Effikasitéit hunn.

Dowéinst ass et also wichteg, datt de Konsument muss eng honnertprozenteg Sécherheet hunn, datt, wann en e Produkt keeft, op deem dee Label drop ass, dat awer och deementspriedend esou hiergestallt ginn ass. Also ass eng Kontroll ouni Zweifel wichteg.

Dee Label ka jo fir maximal fënnf Joer accordéiert ginn. Doriwwer kann een och diskutéieren. Mee da muss awer an deene fënnf Joer ëmmer garantiéiert ginn, datt een déi Uspréich, déi gestallt ginn, och ëmmer erëm erfëllt.

Ech mengen, wat och déi Evaluatiounskommissioun ubelaangt, hätt ee sech jo vläicht kënne virstellen, datt am Gesetz elo e bësse méi prezis iwwert d'Kompositioun och eppes zrëckbehalte gi wär. Bon, dat soll elo iwwer e Règlement grand-ducal geschéien. Och do wëll ech awer ënnersträichen, datt et wichteg ass, datt an där Kommissioun awer wierklech Leit herno setzen, déi vum Fach sinn, déi eppes dovun kennen, aus sämtlechen Domänen. Mee déi muss dann awer och equilibréiert zesummegesat ginn.

Ech mengen, d'Landwirtschaft ass ouni Zweifel e ganz wichtigen Acteur an deem ganze Prozess hei. Elo kéint een natierlech och eng grouss Diskussioun hei féieren iwwert déi Relatioun vu Landwirtschaft a Klimaschutz, well dat Gesetz dat iergendwéi jo awer och matbeinhalt. Mee ech mengen, dat géif elo vläicht e bëssen ze wäit goen. Erlaabt mer awer, vläicht just drop hinzewisen, datt awer eng Rei Punkte vun der Landwirtschaft an Zukunft vläicht nach méi verstärkt mussen och erfëllt ginn.

A si hu jo dann d'Méiglechkeet, dat iwwert déi eenzel Krittären och ze maachen, an haaptsächlech eng verstärkt biologesch Landwirtschaft. Ech mengen, och do muss ee ganz éierlech sinn: Dat ass nun einfach d'Zukunft. Et soll een elo net déi eng Landwirtschaft géint déi aner ausspillen, mee et muss een awer wëssen, datt déi, loosse mer da soen, konventionell Landwirtschaft sech eebe munchmol trotzdem awer méi belaauschtend fir d'Ëmwelt kann entwéckelen. An dowéinst ass et och gutt, datt hei eng Rei Krittäre festgehalte sinn, déi wierklech déi Landwirtschaft ënnerstëtzen, déi méi verstärkt den Akzent eeben op eng méi ëmweltverträglech Produktioun setzt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Konklusioun kann een u sech festhalen: Dat Gesetz hei ass mat Sécherheet eng weesentlech Verbesserung. Et erlaabt eis eeben elo, méi kloer Akzente ze setzen, wat eeben elo d'Attributioun vu Labelen ubelaangt. Mee wat wichteg ass, dat ass, datt déi zwee Acteuren, déi wichtegst Acteuren, engersäits de Konsument ... Et muss een awer ganz éierlech soen: Och de



Konsument huet eng ganz wichteg Roll ze spillen. En huet och eng grouss Verantwortung. Wann de Konsument natierlech ëmmer nëmmen de Reflex huet, dat ze kafen, wat am bëlleegsten ass, dann däerfe mer eis net ze villen Illusionen higinn.

Och de Konsument muss da bereet sinn, wann e weess: „Hei hunn ech e Produkt, dat op eng ëmweltverträglech Manéier hiergestallt ginn ass, dat awer vläicht eng Iddi méi deier ass wéi en normaalt anert Produkt.“ Dann huet en awer och de Choix viru sech an e muss dann awer och seng Verantwortung iwwerhuelen.

Op där anerer Säit hu mer natierlech dann och d'Produzenten. Hinnen gëtt awer hei d'Méiglechkeet gebueden, fir iwwer de Wee vum Label och ze weisen: „Voilà, ech si bereet, méi ëmweltverträglech Produiten hierzustellen.“ An da muss dat och deementsprechend no bausse matconsideréiert ginn.

Wéi gesot, nach eng Kéier: E bëssen ass et ze bedauern, datt hei déi Leit, déi e Maximum un Efforte maachen, net genuch an d'Fënster gestallt ginn, fir et emol esou auszedrécken. Duerfir, mengen ech, wa mer deen éischte Bilan maache vum deem Gesetz, sollte mer kucken, inwiefern déi Produzenten, déi méi Efforte maache wéi déi aner, awer dann och musse méi Avantagen dervun hunn.

Vläicht nach eng lescht Remark: Zum Beispill hunn d'Wäiproduzente jo elo kierzlech en neie Logo vum Wäin a Cremant agefouert. An dat ass eng Fro, déi sech eeben elo stellt. Bon, ech weess, Här Fayot, Dir sidd elo natierlech net direkt duerfir kompetent, mee ech mengen, et ass awer keng onwichtig Fro: Inwiefern sinn och esou Labelen, nei Labelen, awer kompatibel mat deem Label, dee mer haut schafen?

Wat awer wichteg ass, dat ass awer och d'Effentlechkeetsaarbecht. Dat, wat mer elo haut decidéieren, dat muss awer och no bausse ganz gutt duergestallt ginn. Dat muss erkläert ginn. Nach eng Kéier: De Konsument brauch eng grouss Sécherheet. E muss am Gefill bestätegt ginn: „Dat, wat ech kafen, ass, wéi gesot, op eng Manéier hiergestallt, sou wéi ech mer dat eeben och virstellen.“

Ënnert dem Stréch kann a wäert d'Demokratesch Partei dëst Gesetz matstëmmen, och wann déi eng oder déi aner Saach vläicht nach net onbedéngt esou schrecklech gutt ausgeräift ass. Mee et ass ni ze spët, nach eppes besser ze maachen.

Ech wëll awer och vun der Geleeënheet profitéieren, der Madamm Burton nach e grouse Merci auszusprechen fir hir eenzel Rapporten.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos, Här Graas. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, Minister Fayot, haut stëmme mer iwwer e wichtige Projet de loi of, deen als Zil huet, eise landwirtschaftleche Produite méi Valeur a Visibilitéit ze ginn, eis Produiten dem Konsument méi no ze bréngen, d'Qualitéit vun eise landwirtschaftleche Produite weider ze pushen a virun allem méi Transparenz an dee ganze Label-Dschungel ze bréngen.

Hei soll weeder Greenwashing nach Socialwashing bedriwwen ginn, mee wéi elo just gesot: D'Transparenz soll de roude Fuedem vun der Ëmsetzung vun dësem Projet de loi sinn.

Grad déi lescht zwee Joer huet ee gemierkt, datt virun allem vum Konsument aus eng ëmmer gréisser

Demande a Wäertschätzung vu lokalen a regionale Produiten entsanten ass. De Client beschäftegt sech ëmmer méi mat Froe wéi: „Wou komme meng Liewensmëttel hier? Wéi gi se produziéiert? Handelt et sech ëm e Bioproduit? Wien ass de Produzent oder d'Produzentin hannert mengem Produit?“

(*M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.*)

Dësen Agreement soll Äntwerten op dës Froe ginn.

Den aktuelle Kontext hält eis jo nees virun Aen, wéi wichteg et ass, déi lokal a regional Produktiounen ze fërderen a sech net ze vill vum Weltmarché ofhängeg ze maachen.

Ech hunn de Label-Dschungel jo scho kuerz erwänt, dee souwuel op nationalem, mee virun allem awer och op internationalem Niveau omnipresent ass an deen d'Sich no qualitativ héichwäerteg Produiten net onbedéngt vereinfacht. Fir datt also elo bei eis am Buttek e Produit, deen de Krittäre vun dësem Projet de loi entsprécht, op den éischte Bléck ze erkennen ass, gëtt hei e Logo respektiv en Agreement geschaf, dee sech vun deenen anere Labelen a Logoen ofsetze soll.

Bei dësem Punkt géif ech gären direkt op eng Kritik agoen, déi net just mir Gréng bei der éischter Presentatioun vun dësem Projet de loi opgeworf hunn, mee déi sech a méi Aise vum Experte vum Terrain erëmfënnt. Mir schwätze jo bei dësem Projet de loi vun engem „système de qualité ou de certification des produits agricoles“, wat esou vill bedeit ewéi, datt ee beim Système de certification just d'Punkte vum Cahier des charges anhalen muss a beim Système de qualité nieft dem Cahier des charges och nach minimum néng Qualitéitskrittäre, op déi ech gläich méi detailléiert aginn, ëmsetze muss.

Wéi den Numm et also scho seet, ass e Produit, deen dem Système de qualité entsprécht, qualitativ méi héichwäerteg wéi e Produit, dee just de Standardnorme vum Système de certification entsprécht. A fir hei nach emol dem Minister Schneider seng Wieder ze widderhuelen: Fir datt dësen Agreement méi Transparenz fir de Konsument bréngt, misst et jo dann och e visuellen Ënnerschied ginn tëscht engem Produit, dee just de Standardnormen entsprécht, an engem Produit, deen doriwwer eraus weider Qualitéitskrittäre ëmsetzt.

Dofir war eis Propos, de Visuel vum Logo d'agrément entweder faarflech tëscht béide Systemer ze ënnerscheeden oder awer, datt bei dem Logo d'agrément „système de qualité“ respektiv „système de certification“ als Text mat derbäistoe kënnt. Dëst gouf schlussendlech och am Commentaire des articles festgehalen. Allerdéngs ass et keng Mussesaach, dësen Detail derbäizeschreiwen, mee et ass fakultativ.

Fir der Transparenz dem Konsument géigeniwwer also Rechnung ze droen, géif ech hei en Appell un d'Produzente maachen, dëst ze preziséieren, esoudatt de Client tatsächlech op den éischte Bléck erkennt, ob et sech ëm e Produit mat méi héije Qualitéitskrittären handelt oder net. Hei géife mer eis och wënschen, datt de visuellen Ënnerschied tëscht dem Système de certification an dem Système de qualité an enger nächster Etapp eng Obligatioun gëtt an net just eng Optioun.

Weider soll jo och e QR-Code mat derbäikommen, esoudatt de Konsument an d'Konsumentin dëse scannen kënnen an novollzéie kënnen, wéi eng Krittäre bei dësem Produit genee erfëllt goufen.

Dës Krittäre sinn an dräi Kategorien opgedeelt, sou wéi dat elo schonn e puermol erwänt gouf. Dat ass: „Qualité – Saveur“, „Régional – Solidaire“ oder och „Environnement – Bien-être animal“.

An och hei wier eis Propos: Wann een de QR-Code da gescannt huet a sech Zäit hëlt, fir alles am Detail ze

kucken, sollten all déi 11, 12 respektiv 13 Krittären, déi et pro Kategorie gëtt, och all opgeléicht sinn an déi, déi ëmgesat ginn, extra markéiert sinn an déi, déi net ëmgesat sinn, trotzdem visibel sinn. Nëmmen esou kann de Konsument kloer erkennen, firwat e bestëmmte Produit en Agreement krut, an d'Produiten och direkt matenee vergläichen, dat, wéi gesot, ganz am Sënn vun der Transparenz dem Konsument an der Konsumentin géigeniwwer.

Fir dann nach e bësse méi detailléiert op d'Qualitéitskrittäre selwer anzegoen: Bei der éischter Versioun vun dësem Projet de loi war virgesinn, datt ee pro Kategorie dräi fakultativ Krittären erfëlle misst, fir den Agreement vum Système de qualité ze kréien. Allerdéngs wier et an der Praxis esou gewiescht, datt een och mat relativ wéineg Effort e sougenannte „Qualitéitsagreement“ hätt kënnen kréien.

Dofir si mer frou, datt dat geännert gouf an et elo pro Kategorie nieft zwee fakultativen och en obligatoresche Krittär gëtt. Esou gi mer sécher, datt net just d'Mindestforderungen erfëllt ginn, mee datt d'Standarden och tatsächlech méi héich sinn, wuelverstan, datt jidderengem de Choix bleift, och méi wéi just dräi Krittäre pro Kategorie ze erfëllen.

Hei geet et och net drëms, dem Produzent Steng an de Wee ze leeën, mee et geet drëm, datt mer weider Efforte maachen, fir nach méi qualitativ héichwäerteg Produiten um Lëtzebuerger Marché ze hunn, ganz am Sënn vun der Nohaltegkeet, dem Respekt vun eiser Ëmwelt, eise Produzenten a Produzentinnen an dem Bien-être animal.

An hei gouf jo och festgehalen, datt de Produzent eng finanziell Ënnerstëtzung bei der Ëmsetzung vun de Krittäre kritt, plus huet de Minister och zougeséichert, eng administrativ Hëllefstellung unzebidden, fir datt dëst keng Barriär soll sinn, un dëser Zertifikatioun deelzehuelen.

Da géif ech nach gären op den obligatoresche Krittär vum Glyphosatverbuet agoen, dee mer natierlech begrëissen. Dëst war ënner anerem och eng Fuerderung am gemeinsamen Avis vun de Jongbaueren an dem Mouvement écologique.

Den Agreement, dee mer haut stëmme wäerten, beschränkt sech jo net reng op Produite vum Lëtzebuerger Territoire. Dofir ass et eis e grousst Uleies, datt de Glyphosatverbuet eng Obligatioun gëtt, fir d'Dier net fir Produzenten opzemaachen, déi dësen Totalherbizid ëmmer nach weider benotzen, nieft eise Baueren a Wënzer, déi sech schonn op d'mannst säit dem 01.01.2021 un dëse Verbuet halen.

A vu datt den Term vun der Region esou vast définiert ass – hei schwätze mer jo vun 250 km ronderëm de Siège social –, schafe mer mam obligatoresche Glyphosatverbuet awer och deels e weidere Regionalitéitskrittär, dovun ofgesinn, datt Glyphosat näischt an eiser Natur an nach manner op eisen Tellere verluer huet!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Wéi gesot, d'Regioun ass hei mat 250 km ronderëm de Siège social définiert. Opgrond vun de Reegele vum EU-Banmaart war et hei wuel net méiglech, d'Regionalitéit just op de Lëtzebuerger Grenze festzemaachen, an dat wier och net sënnavoll gewiescht, vu eise klengen Territoire. Allerdéngs hätt mer eis awer gewënscht, datt d'Definitioun vun der Region méi streng hätt kënnen définiert ginn.

Fir der vaster geografescher Definitioun vun der Region awer iergendwéi entgéintzewierken, si mer, wéi gesot, ganz frou, datt et elo obligatoresch Krittäre pro Kategorie gëtt. Well och béid obligatoresch

Krittäre vun der Kategorie „Régional – Solidaire“, eemol op d'Déierenhaltung bezunn an eemol op d'Agrafäch bezunn, si Krittären, déi u sech och nees probéieren, déi lokal a regional Produiten ze promovéieren an éischter onattraktiv fir Produzenten vu méi wäit ewech sinn.

All Krittär huet natierlech seng Daseinsberechtigung. Trotzdeem géif ech nach gären op ee bestëmmte fakultative Krittär aus der Kategorie „Régional – Solidaire“ agoen, dee mir perséinlech um Häerz läit a wou ech och gären den Appell géif maachen, datt eis Produzenten, ouni datt et eng Obligatioun ass, dee Choix huelen an dese Krittär d'office, wann et méiglech ass, an hir Produktioun matabannen, wa se et net souwisou scho maachen. Ech schwätze vum Choix, Produiten aus dem Fairen Handel ze huelen, wann et se dann am Fairen Handel gëtt. Dat si Produiten, déi aus dem Globale Süde kommen an déi et normalerweis net an eise Regioun gëtt. Klassesch Beispiller sinn hei de Kakao, Kaffi oder Zocker.

E ganz simpelt Beispill: Wann e Produzent bei eis eng Schokolasmëllech op de Marché bréngt, kann en de Choix maachen, den Zocker an de Kakao, deen en a senger Mëllech verschafft, aus dem Fairen Handel ze huelen, wat ënner anerem esou vill heescht, wéi datt d'Produzenten an d'Produzentinne sur place eng fair Bezuelung kréien an de gewëssen Émwelt- a Sozialkrittären agehale ginn, déi dacks bei anere Produktiounen vernoléisseg ginn.

Dann eng grouss Demande, déi ëmmer nees opkënnt: méi lokal, regional a Bioproduiten an eise staatlechen an effentleche Kantinnen a Restauratiounen! Dësen Agreement kann a soll eng Dier zu dësem Marché opmaachen. Elo läit de Ball awer och bei der Restauration collective. Wéi eng Krittären hätte se gären, déi de Produit erfëllt? Natierlech, wat hei d'Demande u méi héije Qualitéitskrittären méi grouss ass, wat de Produzent och éischter Interêt huet, iwwert d'Standardnorme vum Cahier des charges erauszegoen an e Système de qualité errechen ze wëllen.

Da wollt ech nach e leschte Punkt erwänen: Dësen Agreement ass keen Ersatz fir de Biolabel. Allerdéngs hu Produiten, déi bio-zertifizéiert sinn, automatesch d'Urecht op dësen Agreement, well Bioproduiten opgrond vun hirer héijer Qualitéit automatesch op d'mannst deene Qualitéitskrittären entsprechen, déi ee bei dësem Agreement erfëlle muss. An deem Sënn schlësse sech méi Bio an dese Qualitéitssystem net aus, mee completéiere sech. Dësen Agreement bitt also eng Chance, fir d'Produktioun vu Bioproduite virunzebréngen, well d'Demande fir Bioliewensmëttel ass a bleift héich.

Am Zesummespill mat dem Cahier des charges an der effentlecher Restauratioun, déi Bio kënnen als Krittär definéieren, kann hei en Ofsazmarkt geschaf ginn, fir de Produzenten a Produzentinnen eng reell Perspektiv an eng gewësse Sécherheet ze bidden, datt hir Produiten och un de Mann an un d'Fra kommen.

Ofschléissend kann ee wuel soen, datt dës Zertifikatioun mat honnertprozenteger grénger Handschrëft nach e bëssen anescht ausgesinn hätt, mee wéi ech elo schonn dacks erwänt hunn, si par rapport zu der éischter Versioun vun dësem Projet de loi am September 2020 wichteg Nobesserunge komm. An da musse mer elo um Terrain kucken, wéi d'Ëmsetzung wäert ausgesinn.

Ech profitéieren, fir zwou Minutten zur éischter Motioun ze schwätzen, déi virduun deposéiert gouf, well dat wier elo mäin nächste Punkt gewiesch, an zwar, datt mer begrëssen, datt de Minister enger Evaluatioun zougestëmmt huet, bei där eeben analyséiert gëtt, wou spezifesch nogebessert misst a kéint ginn.

Zum Schluss géif ech dann natierlech och nach der Rapportrice Tess Burton e grouse Merci soe fir hir Gedold, déi se mat eis an de Kommissiounen hat, an natierlech och fir hire schrëftleche wéi och de ganz detailléierte mëndleche Rapport.

An heimat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och der Madamm Gary. An nächste Riedner ass den Här Jeff Engelen. Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken en häerzleche Merci der Madamm Tess Burton fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Erlaabt mer och, eisem Landwirtschaftsminister vun hei aus eng gutt Besserung ze wënschen!

Als ADR begrësse mer d'Zilsetzung vun dësem Gesetzesprojet. Mir hunn ëmmer gefuerdert, datt mer d'Vetraue vun de Bierger an déi Lëtzebuerger landwirtschaftlech Produkter stärke sollen. Déi Lëtzebuerger landwirtschaftlech Betriber, ob dës elo biologesch oder konventionell schaffen, produzéieren hir Wuer ënner ganz exigenten an héichwäertege Krittären. D'Bierger sinn och duerfir generell bereet, op de Wee matzegoen, fir regional a lokal Produkter anzekafen.

Och déi dräi Pilieren, op déi dëst Gesetz opbaut, begrësse mer ausdrécklech: „Qualité – Saveur“, „Régional – Solidaire“, „Environnement – Bien-être animal“. D'Finalitéit vun engem Gesetzestext, deen dës Krittären an de Vierdergrond stelle wëllt, ass richtig a gutt.

E weidere Punkt, dee mer begrëssen, ass, datt d'Regierung vun hirer ursprénglecher Linn ofgeréckelt ass, fir mat enger Zort Punktesystem d'Qualitéit vu regionale Liewensmëttel ze bewäerten. Well all eis landwirtschaftlech Acteuren ënner ganz héije Qualitéitsstandarde produzéieren, ass et sécherlech dee falsche Wee, eng onnéideg Konkurrenzsituatioun fir eis Produzenten ze schafen an dës visiblement ee géint deen aneren auszespillen.

Wat mer awer allerdéngs manner begrëssen, ass déi konkret Ausaarbechtung an dësem Gesetz. Hei gëtt et eenzel Lücken oder Inkohärenzen, vun deenen ech mer dann elo wëll erlaben, der e puer opzezielen.

D'Motivatioun fir dëst Gesetz war, et fir de Verbraucher méi einfach an transparent ze gestalten, sech an der Hellewull vu Labelen a Qualitéitssigelen zurechtzufannen. Allerdéngs riskéiere mer mat dësem Gesetz, datt d'Vetraue vum Konsument eeben net gestärkt gëtt, well d'Krittäre fir deen neie Qualitéitslabel net kloer genuch definéiert sinn oder deelweis carrement onsënneg sinn.

Fir unzefänke stéiere mer eis un der Definitioun vum Term „Regioun“. Mir fannen et mëssverständlech, datt de Begrëff „Regioun“ net dat bedeit, wat de Konsument sech erwaart. Wéi kann et sinn, datt mer engersäits vun engem Lëtzebuerger Qualitéitslabel schwätzen an op där anerer Säit de Begrëff „Regioun“ sech praktesch net oder bal net kann op Lëtzebuerg bezéien? „Regional“ ass laut dësem Gesetz also, wann e Produzent seng Wuer bis zu 250 km wäit ewech vu sengem Siège social bezitt.

Wéi wëlle mer d'Vetraue vum Konsument an déi Lëtzebuerger Landwirtschaft verstärken, wa mer e Qualitéitssigel schafen, dat eebe seet, datt och nach Produkter zum Beispill wäit hanner Bréissel a Flandern als regional kënnen bezeechent ginn? Dëst ass an eisen Aen eng Ierféierung vum Konsument!

Dobäi stellt sech d'Fro, wéi Lëtzebuerg d'Anhale vun esou Qualitéitskrittären iwwerhaapt iwwerpräiwe soll, wann de Produzent sech emol net um Terrain befënnt.

Mir sinn e klengt Land, mat dräi Grenzlännern ronderëm, dat sinn insgesamt véier Länner, an do sinn déi eng oder déi aner Nuancen a Viraussetzungen an de Gesetzgebungen ginn. Zum Beispill: De Glyphosat ass jo hei am Land verbueden. Wéi ass dann de Contrôle vun deene Produkter, déi mir aus deene Regiounen bezéien, ob do d'Glyphosatverbuet agehale gëtt oder net? Dat sinn alles Saachen, déi si wichteg an onsen Aen. An de Contrôle vun deem Gesetz ass den A an den O!

Et ass och onverständlech a schreift sech iwwerdeems och net an déi ökologesch Richtlinn an, déi jo wëllt kuerz Weeër promovéieren, wa mer bis op 250 km eropginn.

E weideren Defi vun dësem Gesetzesprojet ass, datt d'Krittäre fir de Label net prezis genuch definéiert sinn. Et ass kloer, datt sech de Qualitéitslabel op eng Panoplie vu landwirtschaftleche Produkter muss bezéien, wat et awer op där anerer Säit schwéier mécht, d'Krittären esou ze definéieren, datt se op déi eenzel landwirtschaftlech Produkter passen.

Mir schlëssen eis an deem Punkt der Landwirtschaftskummer un a fuerderen e besser definéiert Kader, deen et och der Examenskommissioun méi einfach mécht, fir iwwert d'Zouloosse vu Produkter ze entscheeden. Dëst géif fir méi Transparenz suergen. Et ass genau déi feelend Transparenz an de Manktum u Kloeerheet, wat dozou wäert féieren, datt de Konsument eeben net onbedéngt méi Vertrauen an dee Qualitéits- a Labelsystem wäert fannen, wat mer bedauern. De Konsument weess einfach net, woufir dese Label wierklech steet.

Eng weider Fuerderung vun der Landwirtschaftskummer, déi mer ausdrécklech ënnerstëtzen, ass, datt eeben och d'Acteure vun der Landwirtschaftskummer an d'Ëmsetze vun dësem Gesetz missten agebonne ginn. Si hunn de Kontakt zu de Leit um Terrain a kënnen praxismo beurteilen, ob a wéi sënnvoll sech d'Ëmsetze vum Gesetz gestalt.

Et ass wichteg, dass, wann dëst Gesetz a Kraaft trëtt, dëst permanent evaluéiert gëtt, wann néideg och muss ugepasst ginn. Do musse mer flexibel sinn.

D'Landwirtschaftskummer mécht sech dann och Suerge, datt warscheinlech eng Rei vu Lëtzebuerger landwirtschaftleche Produkter sech net op déi onkloer definéiert Krittären uwenne loossen an deemno leider de Qualitéitslabel net kënnen beuspochen.

E weidere Kritikpunkt, op deen ech agoe wëll, ass, datt d'Krée vum Qualitéitssigel och riskéiert, eng Rei vun Acteuren, déi am landwirtschaftleche Beräich aktiv sinn, auszuschléissen. Den Agreement, sou ass et virgesinn, soll nämlech un e Gruppement vu Produzenten vergi ginn. Kleng Entreprises an Initiative riskéieren, op der Streck ze bleiwen.

Ech rappelléieren hei zum Beispill un d'Initiativ Solawi, also déi Lëtzebuerger Initiativ vun der solidarescher Landwirtschaft, awer och u Kooperativen, kleng Associatiounen oder och nach déi protegéiert Ateliere, wou zum Beispill Persounen mat engem Handicap schaffen oder Persounen, déi op iergendeng Aart a Weis defavoriséiert sinn an eiser Gesellschaft.

Mir sinn der Meenung, datt am Kader vum Ausschaffe vum Agreement an deenen Acteuren, déi ech elo opgezielt hunn, déi néideg Wäertschätzung hätt missen entgéintbruecht ginn, fir hir Produkter ze féieren an och ze valoriséieren.



Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi gutt gemengt Iddi vun dësem Gesetz begrësse mer ausdrécklech. Fir eis als ADR ass d'Ëmsetzung awer lückenhaft a plazeweis inkohärent. Eng wierklech Plus-value, souwuel fir de Lëtzebuerger landwirtschaftlechen Acteur wéi och fir den Ennverbraucher, gesi mir de Moment net hei. Duerfir wäerte mir eis och bei dësem Gesetz enthalten.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächst ageschriwwer Riednerin ass d'Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, d'Globaliséierung, wéi zum Beispill duerch CETA – fir just een Accord ze nennen –, vun de Wueren a Kapitalflëss huet säit de 70er- an 80er-Joren zu déifgräifende Verännerungen an der Ekonomie an an de Liewensweise gefouert. D'Kapital krut e Fräifaartsschäin, fir weltwäit do ze investéieren, wou d'Produktioun am bëllegsten an am einfachsten, sprécht ouni nennenswäert sozial an Ëmweltstandarden, organiséiert ka ginn.

D'Konsequenzen dovunner waren de Verloscht vun Aarbechtsplazen an d'Verschwanne vu ganze Wirtschaftsbereicher an Europa, wat eis während der Pandemie schéin ze schafe gemaach huet!

Am Géigenzuch ass d'Palett vu bëllege Wueren, déi dank ville Subventionen a bëllegem Pétrol aus der ganzer Welt an Europa zrëckgefloss sinn, steeteg gewuess an huet de Massekonsum befeiert.

D'Leit, déi opgrond vun dësen Entwécklungen wirtschaftlech den Uschloss verluer hunn, konnten sech privat verschëlden, fir sech un dësem Konsum ze bedeelegen, während se sech mat ëmmer méi prekären Aarbechtskontrakten hu missen duerchschoen.

Zur selwechter Zäit, am Joer 1972 mat der Publikation vum Bericht vum Club of Rome iwwert d'Grenze vum Wuesstum, gouf et éischt Indicien derfir, dass dës globaliséierte Kapitalismus eenorm Schied urichte wäert.

Spéitstens an de leschte Joren duerch international Berichter iwwert d'Konsequenzen op d'Klima an d'Aarteveifalt ass daitlech ginn, dass d'Richtung, an déi sech d'Wirtschaft weltwäit entwéckelt, an d'Katastroph féiert.

D'Landwirtschaft ass ganz zentral an dëser Entwécklung. Si ass Spillwies fir Investitiounen an d'Intensivierung, meeschtendeels op Käschte vun Aarbechtsbedingungen an Aarbechtsplazen, vun Ëmwelt a Klima a vum Déierewuel.

Et ass e Secteur mat staarker Konzentratioun bei de Betriber an enger klammender Ofhängegkeet par rapport zu internationale Mäert, fir iwwerschësseg Produktiounen ze verkaufen. Et ass e Secteur mat enorm héijem Präisdrock a schwierge Bedéngungen fir déi kleng Landwierter/innen, déi sech oftmools an den ënneschten Akommesdecilë befannen. Et ass e Secteur, deen immens vulnerabel ass par rapport zu der Klimaverännerung an der Degradatioun vun den Ekosystemer, Phenomeener, déi de Secteur awer selwer matausléist.

D'europäesch Strategie „Farm to Fork“ gräift dës Erausforderung deelweis op a gëtt Mesurë fir méi Klima- an Ëmweltschutz vir a setzt verstärkt op eng Regionaliséierung vun der landwirtschaftlecher Produktioun.

D'Gesetz, wat elo hei läit, ziilt och an dës Richtung, och wann et formal näischt mat der genannter Strategie ze dinn huet. Trotzdeem geet et ëm en Aspekt,

deen ech grad elo developpéiert hunn: eng regional Produktioun vun héichwäertge Produkter, an dat mat Bléck op besseren Ëmweltschutz.

Well dëst natierlech erëm muss iwwert de Marché gereegelt ginn, muss hei e Label erfondt ginn, deen d'Konsument/innen an déi richteg, well nohalteg Richtung beim Akafschoix soll féieren. D'Produzent/innen, déi sech dem Label uschlësse wëllen, kënnen dann och staatlech Hëllef ufroen.

D'Fro ass: Geléngt dat mat dësem Gesetz? Ass mat dësem staatleche Label eng Verännerung vun der Produktioun a Richtung méi ökologesch, sozial a regional méiglech?

Eng Partie Avisen zu dësem Gesetzesvorschlag sinn äusserst kritesch an an eisen Ae sinn dës Analysen och berechtigt.

Den Haaptkritikpunkt betrëfft den Accès zum Label selwer. Dësen ass ageedeelt an en Zertifizéierungssystem an e Qualitätssystem. D'Produzent/inne kënnen selwer wäelen, ob se sech op déi minimal Ufuerderunge vum Zertifizéierungssystem wëlle limitéieren oder ob se zousätzlech och dem Qualitätssystem wëlle bäitrieden, wou zousätzlech Krittäre mussen ausgewielt ginn.

D'Trennung zwëschen béide Systemer ass vu vir era scho schwéier verständlech, mee well all Betrib awer een an dee selwechte Logo op seng Produkter dierf pechen, egal ob en elo de Minimum oder awer daitlech méi wëllt anhalen, ass dat fir déi bewosst Akeeferin oder de bewossten Akeefer am Geschäft awer schonn immens ierféierend. Hei schéngt et Drock vun der konventioneller Bauerelobby ginn ze sinn, fir nëmmen net ze wäit ze goen.

Et soll zwar méiglech sinn, iwwer e QR-Code erauszefannen, wéi eng Krittäre e Produkt erfüllt, mee si mer elo mol éierlech: E Label, deen Erfolleg soll hunn, dierf net en iwwerméissegt Interessi, ganz gutt Zäit an e Smartphone bei all de Konsument/innen als Grondbedingung viraussetzen. Déi mannste Leit hu Loscht, duerch e Geschäft ze lafen a 15 Produkter ze scannen. Si wëllen eng kloer Indication, dass dat, wat se kafen, och dat ass, wat se am léifste wëlle kafen. Dat ass hei an eisen Aen net de Fall.

Verstärkt gëtt dësen Androck duerch d'Definition vun der Regioun, déi dësem Gesetz zu Grond läit. D'Notioun vun der Regioun spillt erstaunlecherweis eng ganz kleng Roll an dësem Gesetz, e Gesetz wuelverstanen, wat als Haaptzil d'Stärkung vun der Regionalitéit huet. Dass d'Regioun hei awer esou definéiert ass, dass e Betrib mat Sëtz an engem Radius vun 250 km als regional gëlle soll, ass awer kontraproduktiv. D'Gefor besteet, dass grouss auslännesch Produzenten dësem Label kënnen bäitrieden, ouni datt se mat den am Gesetz definéierten Ziler eppes um Hutt hätten. Och wann dës auslännesch Betriber keng staatlech Hëllef kënnen kréien, kënnen se awer iwwert de Label Zougang zu öffentlichen Ausschreiwunge kréien. Fir eis ass op alle Fall net kloer, ob dëst vum Minister ka wierklech ausgeschloss ginn.

Bei den ze erfüllende Krittären, fir de Label ze kréien, sinn en cours de route eng Partie Verbesserungen an den Text matagefloss. Dass elo een obligatoresche Krittär a weinstens dräi fakultativ Krittäre pro Sail vum System mussen erfüllt ginn, ass wierklech ze begrëssen, och d'Decisioun, datt Planzeschuttmëttel op Basis vu Glyphosat net dierfe benotzt ginn an datt dëst och elo en obligatoresche Krittär ass.

Insgesamt awer feelt et de Krittären un enger gewëssener Uerdnung, besonnesch doduerch, datt et just een obligatoresche Krittär pro Sail gëtt. Jee nodeem kann e Betrib zwar d'Krittären erfëllen, fir an

de Qualitätssystem eranzekommen, ouni awer dobäi Mesurë fir regional Produktioun oder Ëmweltschutz ze ergräfen. Dës Problem entsteet och doduerch, datt et just ee System mat Krittäre gëtt, dee fir all Produktiounssparten dee selwechten ass. Dat ka bestëmmte Sparten benodeelegen, awer och bestëmmten Zorte Betriber, besonnesch déi méi kleng. Den Här Gusty Graas hat dat scho gesot. Et si grad déi ganz kleng Produzent/innen, Betriber aus der solidarescher Landwirtschaft zum Beispill, déi am meeschte Krittären erfëlle kéinten, mee paradoxerweis hu si awer och déi gréisste Schwierigkeeten, fir dës Label ze kréien, well den administrative respektiv de finanziellen Opwand, dee mat dëser Prozedur zesummenhängt, oft ze grouss ass.

Här President, niewent dës Kritikpunkten um Gesetzestext selwer wëll ech awer och nach op e méi fundamentale Problem hiweisen, deen ech och am Ufank vu menger Ried schonn ugeschidden hunn: D'regional Produkter, déi no méi strikten Ëmweltkrittären hiergestallt ginn, sinn am Reegelfall och oft méi deier, ze deier oft fir Leit mat engem klengen Revenu ënnerhalb vum Medianloun. Et ass dervunner ausgeginn, dass d'Produzent/innen, also d'Aarbechter/innen, déi dëst Produkt hierstellen, ganz oft emol net de Budget hunn, fir sech selwer dës Produkter am Geschäft kënnen ze kafen.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence)*

D'Deierecht, déi mer haut erliewen, verschäerft dës Situatioun nach méi. D'Akommesongläicheete maaachen, dass sech just en Deel vun de Leit bewosst ka verhalten bei hiren Akeef. Fir vill anerer ass dat einfach e Luxus. Déi fossill Brennstoffe ginn zum Beispill subventionéiert am Kader vun der Indexmanipulation, mee d'Deierecht vun de Liewensmëttel net. Dat ass och schonn hei gesot ginn.

An et huet leider net all Gemeng eng „Eis Epicerie“, wou déi Leit, déi iwwert den Office social akafe ginn, dierfen a kënnen regional, saisonal a biologesch kafen. Esou e Label, deen d'Verantwortung bei d'Konsument/inne leet, fir dës ze guidéieren bei hiren Akeef, kann dowéinst och eppes Exklusives hunn, wou d'Leit d'office ofgeschreckt ginn, well de Label fir eppes steet, wat finanziell einfach onerreechbar bleift. Leider. Soulaang dat awer esou ass an de Kaf vun de meeschte regionale Produkter just enger Minoritéit virbehalen ass, komme mir net eraus aus der destruktiver Spiral, déi ech agangs och beschriwwen hunn, mat all deene Marchéen.

Mir wäerten awer dësem Gesetz zoustëmmen. Mir soen och der Rapportrice e grouss Merci. A mir ginn och dem Minister eis Gesondheetswënsch mat op de Wee. Voilà.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci un d'Tess Burton fir dee gudde schréfflechen a mëndleche Rapport. An natierlech eng gutt Besserung fir de Minister.

Prinzipiell sti mir Piraten engem staatleche Label ganz positiv géigeniwwer. De Client soll an aller Transparenz wëssen, wat de Produit mat senger Gesondheet a mat eiser Ëmwelt mécht. Esou stelle mir eis e modernen a faire Label vir.

Fir positiv unzefänken: Mir sinn dann och eigentlech frou doriwwer, dass am Label extra eng Kategorie Déierewuel matabegraff ass. Enger Etüd vun Eurobarometer no ass e Groussdeel vun de Konsumente sech bewosst, dass hiert Kafverhalten en Afloss op den Déiereschutz huet. Dofir ass et esou wichteg, dass

d'Leit am Supermarché doriwwer informéiert ginn, wéi eng Produite sech fir d'Wuel vum Déier asetzen a wéi eng net. Allerdéngs muss een awer och soen, dass hei am Gesetzestext d'Krittäre vum Déiereschutz net kloer gereegelt ginn, woumat mir Piraten net ze fridde kënnen sinn.

D'ULC, d'Jongbaueren an de Mouvéco kritiséieren de Krittär vun der Regionalitéit. Nom Gesetz gëllt alles als regional, wat 250 km ronderëm de Firmesëtz läit. Allerdéngs geet dat an eisen Aen ze wäit, wann eng Firma, déi zu Frankfurt Produiten importéiert, dës Produiten hei zu Lëtzebuerg als regional wäert vermaarte kënnen. Déi Limitt vun 250 km hate mir Piraten eis anescht virgestallt, an zwar mat enger Limitt um Territorium vun der Groussregioun.

Dat nämmlecht hätte mir och beim Déiereschutz agebaut, fir eis kënnen nach méi ëm d'Déierewuel ze këmmen, an zwar bei den Déierentransporter eng Limitt vu 50 km.

D'Jongbauere schreiwen och, dass de Label net verhënnert, dass mer déi Firmen ënnerstëtzen, déi am Ausland Küke schredderen, obwuel dat eng Praxis ass, déi hei zu Lëtzebuerg verbueden ass. Falls esou eng Firma en nationale Label sollt kréien, fanne mir Piraten dat einfach ekeleg. Dat ass och ee vun de Grënn, firwat mir dese Projet bei all guddem Wëllen haut net wäerte matstëmmen.

An ech mengen, Dir hutt virdrun nach eng Kéier vun der Landjugend, de Jongbaueren an dem Mouvéco déi aktuell Positioun kritt. A si hunn et eigentlech ganz gutt zesummegefaasst: „statt einer bewussten Förderung einer qualitativ hochwertigen regionalen Lebensmittelproduktion eine Mogelpackung!“ Bon, domat hu se Recht. An hir Analys ass genau zoutreffend dat, wat een och aus deenen aneren Aweise konnt liesen: Eng gutt Iddi derhannert, mee d'Ëmsetzung vun dësem Gesetz ass einfach mangelhaft!

Eng Kritik, déi och opgeworf gouf, ass, dass de Client am Geschäft bei deene ville Labelen, déi et gëtt, oft net den Iwwerbléck an den Duerchbléck huet. An deem Sënn gesi mir et als richtig, dass op all Etikett och e QR-Code wäert agebaut ginn, wou de Konsument méi detailléiert Informatiounen kann zum Produit kucke goen. Wichteg dobäi ass, dass een dofir net eng extra App brauch, mee dass déi Informatiounen fräi ofruffbar sinn ouni eng bestëmmten Hardware oder Software.

Mee mam QR-Code eleng geet et net duer. D'Fro muss sinn, wou de Méiwäert vum neie Label ass, wann e Client dese mam Fairtrade-Logo oder mam EU-Bio-Logo vergläicht.

Och den Nohaltegkeetsrot huet dës Fro a sengem Avis opgeworf. Si hunn eng Propos ausgeschaft, wéi een d'Krittären direkt an de Logo kéint abauen.

Mir Piraten fannen dës Iddi vum Nohaltegkeetsrot flott, well op den éischte Bléck ze gesinn ass, wéi e Produkt ofschneit. Den Nohaltegkeetsrot recommandéiert och, dass een d'Kategorie besser opdeelt, dat heescht d'Déierewuel, d'Équité an d'Ëmwelt eenzel amplaz als zesummegeluechte Kategorien. E Fairtrade-Produkt hätt an deem Sënn direkt op der Etikett déi wuel héchste Punktzuel.

Och wann d'Gesetz net esou wäit geet, hoffe mer trotzdem, dass mer de Wee iergendwann fannen, fir de Logo esou auszubauen, dass en och wäert Sënn maachen. Et géif dem Konsument hëllef, well en esou d'Labelen, déi op der Verpackung stinn, besser entschlëssele kann.

Mir Piraten wäerten haut géint dese Projet stëmmen. Et wier an eisen Ae besser gewiescht, déi vill Kritikpunkten, déi an deene verschiddenen Avisen opgegraff goufen, nach hei anebauen. Da wier de Label

och säin Numm wäert. An dat ass mat dësem Projet leider net de Fall.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot als Verrieder vum Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** | Merci, Här President. Léif Deputéiert, ech soen Iech Merci fir den Debat. Och dem Tess Burton merci fir säi ganz gudden Rapport. Ech muss e bëssen oppassen hei, wat ech soen, well e Wirtschaftsminister ass net e Landwirtschaftsminister, ech weess dat och ganz gutt. Gitt och elo hei näischt draninterpretéieren! Ech hu guer keng Ambitiounen, fir dat ze iwwerhuelen. Ech maachen dat hei reng als Service d'ami fir de Claude Haagen, deem ech och eng ganz gutt Besserung wënschen.

#### *Une voix* | Très bien!

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** | Ech wollt just op e puer Saachen agoen an op e puer Froen, déi gestallt gi sinn, déi ech mer opgeschriwwen hunn, wou ech och elo scho kann eng Äntwert drop ginn.

D'Martine Hansen huet effektiv de Constat gemaach, dass deen Agreement, dee Logo mam X, effektiv och kéint bei Produiten, déi net aus Lëtzebuerg kommen, ugewannt ginn. Si hutt d'Beispill gi vun engem Produit, deem am Radius vun 250 km vum Siège, a Polen zum Beispill, géif produziéiert ginn. Dat stëmmt. Dat ass effektiv eng Méiglechkeet. Dat ass awer an den Ae vum Landwirtschaftsministère reng theoretesch an ass jo och dem europäesche Kader hei geschëllt. Dir wësst, dass dat eng Contrainte ass, déi aus dem europäesche Règlement erausgeet. Dee selwechte Problem hunn aner Labeler wéi zum Beispill de Label Rouge a Frankräich ...

*(Brouhaha)*

... mat de Pouleten. Déi hu genee déi selwecht Contraintë wéi mir hei zu Lëtzebuerg.

Dir hutt och gefrot, ob mer iwwerzeegt wieren, dass elo mat dësem Gesetz da méi regional Produite géifen effektiv an de Kantine landen. D'Äntwert do ass, dass mer scho mengen, dass dat wäert kommen, well mer eis do jo och am Kader vum Gesetz iwwert d'Marchés publics situéieren. Dat heescht, mir mengen schon, dass déi Nohaltegkeetskrittäre vun dësem Gesetz, wat mer elo haut stëmmen, duerno kënnen zréckgehooll ginn an de Marché-publicken iwwer méi streng Qualitéitskrittären an dat dann eeben och derzou géif féieren, dass déi Produiten de préférence géife geholl ginn. De Gusty Graas huet och a senger Interventioon dorop higewisen, dass en fait iwwert den Adjudicateur, dat heescht den Hiwiel, deem do beim Adjudicateur ugewannt gëtt, och méi geziilt eeben dann och ka gesot ginn, wat fir Produiten een an de Kantine wëllt hunn. An dat kënnen dann och Bio-a regional Produite sinn.

De Gusty Graas huet och gefrot, ob Labeler wéi „Vins & Crémants“ zum Beispill, oder déi bei de Wäiner, do gëtt et jo verschiddener wéi „Charta“, oder aner, och heirënnen géife falen. Abee, och dat ass kompatibel. Och déi Labeler kéinten hei en Agreement kréien. D'Finanzéierung gëtt awer net iwwert dëst Gesetz dee Moment ofgewéckelt, mee iwwert de Fonds vitivinicole gemaach. Dat ass hei, wat d'Finanzéierung ugeet, ausgeschloss.

Dem Jeff Engelen wollt ech just soen, nach eng Kéier preziséieren: Dat hei ass keen neie Label! Dat hei ass just eng offiziell Unerkennung fir privat Labelen, also en Agreement vu private Labelen. An do ginn och der Landwirtschaftskummer déi finanziell Mëttelen zur Verfügung gestallt, fir dass si de Produzenten och kënnen hëllef, fir hei Demarchen ze maachen. Mee dat hei muss kee maachen! Dat hei heescht net, dass elo déi Produiten, déi als bio a regional ausgewise si mat hirer Origin, dësen X och mussen hunn. Dat ass reng fakultativ. Also, hei si mer an engem Agreement vun deene Labelen.

Just vläicht nach zu de Motiounen, Här President: Déi éischt Motioun iwwert de Bilan no zwee Joer, dat huet d'Tess Burton jo och schon a sengem Rapport gesot, dat ass ok, och fir de Landwirtschaftsministère, fir dat ze maachen. Dat heescht, do wär vum Point de vue vu mengem Kolleeg Landwirtschaftsminister kee Problem, fir dat ze akzeptéieren.

A wat déi zweet Motioun ugeet iwwert de Matchmaker, do ass et esou, dass de Romain Schneider u sech schon d'Decisioun geholl hat, dass de Landwirtschaftsminister selwer sech géif d'Mëttel ginn, fir och méi Bio-a regional Produkter an d'Kantinnen eranzekréien. Dofir huet en 2020 e Responsabelen noméiert am Ministère, fir do Efforten ze maachen, fir Bio-a regional Produiten eranzekréien iwwer Projet-piloten, déi ganz villversprechend sinn. An et gesäit een och um Terrain, dass och d'Demande fir déi Produite ganz staark an d'Lucht geet.

De Matchmaker, deen ass net gemaach ginn. Et gëtt och wuel net gemaach, dat wëll ech hei ganz kloer soen. Dofir géif ech proposéieren, fir déi Motioun hei net unzehuelen. Mee et ass effektiv esou, dass ganz vill awer um Terrain geschitt. Och Restopolis mécht ganz vill, fir méi Bio-a regional Produiten an d'Kantinnen ze kréien. Also, do geschitt scho munches.

Voilà. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Fayot. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kënnen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7672 kommen.

*(Brouhaha)*

Den Text steet am Document parlementaire 7672<sup>20</sup>.

#### *Vote sur l'ensemble du projet de loi 7672 et dispense du second vote constitutionnel*

D'Ofstëmmung fänkt un. Mir maachen dann elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 54 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen ugehooll.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Claude Wiseler), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Max Hengel), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gusty Graas), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloesener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;





Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### Motions

Da kéime mer elo zum Vott vun deenen zwou Motiounen.

#### Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, wou gefrot gëtt, fir no zwee Jor eng Evaluatioun ze maachen. Wie wëllt nach d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? D'Madamm Tess Burton.

**Mme Tess Burton** (LSAP), rapportrice | Jo. Merci, Här President. Bon, a mengem Rapport war ech schonn drop agaangen, dass de Minister eis jo schonn zougesot huet, dass mer eng Evaluatioun maachen. De Minister hat et och an der Kommissioun gesot. Dofir hu mer hei och guer kee Problem, dat matzestëmmen.

Ech wëll awer och nach eng Kéier agoen op dee véierte Considerant, eeben dat mat der Regionalitéit. Och do wëll ech nach eng Kéier soen: Mir hate ganz, ganz laang Diskussiounen an der Kommissioun an de Minister huet sech beméit, zu alle Kriticke Léisungen ze fannen. Mee hei ware mer wierklech limitéiert. D'EU-Recht huet eis hei Limitte gesat, wou et net machbar war. Dofir wollt ech dat hei nach eng Kéier erwänen. Et ass wuel an den Avisen esou opgefouert ginn, mee, wéi gesot, mir hatten dee Sujet och an der Kommissioun a mir hatten do keng aner Léisung.

Mee, wéi gesot, déi Motioun hei kënne mer matzestëmmen. De Minister huet et an der Kommissioun gesot an ech a mengem Rapport. Et ass, mengen ech, vu jiddwerengem gesot ginn, dass mer d'Evaluatioun géife maachen. Dofir hu mer kee Problem, déi éischt Motioun hei matzestëmmen.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Burton. Kënne mer iwwert dës Motioun à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

#### Vote sur la motion 1

Wien d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

(La motion 1 de Mme Martine Hansen est adoptée.)

#### Motion 2

Da komme mer zur Motioun Nummer 2, wou soll eng Plattform mat engem Matchmaker agesat ginn. Wie wëllt nach d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? D'Madamm Tess Burton.

**Mme Tess Burton** (LSAP), rapportrice | Jo. Och hei ass den Här Fayot kuerz drop agaangen, dass dat mat deem Matchmaker net gemaach gëtt. Dofir, esou wéi de Minister och proposéiert huet, dass mir dës Motioun hei net sollen zoustëmmen, géif ech och menger Fraktioun proposéieren, déi Motioun hei net matzestëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Burton. Gëtt et zu dëser Motioun nach Wuertmeldungen? Wann dat net de Fall ass, da kënne mer och iwwert dës Motioun ofstëmmen.

#### Vote sur la motion 2

De Vott fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Claude Wiseler), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Max Hengel), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gusty Graas), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Cécile Hemmen), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

(Brouhaha)

Um 13.30 Auer! D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 13.30 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 17.30 heures.)



## Sommaire

| Objet                                                                                                       | N°   | Auteur                      | Page | Objet                                                                                                                                | N°   | Auteur                                  | Page |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|-----------------------------|------|--------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|-----------------------------------------|------|
| Coupons de réduction pour des cours de langues                                                              | 6194 | Paul Galles                 | 72   | Projets dans le cadre d'Esch2022                                                                                                     | 6429 | Fred Keup                               | 87   |
| Chaudières à gaz dans les bâtiments publics                                                                 | 6214 | Marc Goergen                | 72   | Attaque sur agents pénitentiaires                                                                                                    | 6432 | Léon Gloden                             | 87   |
| Formation en artisanat                                                                                      | 6224 | Fred Keup                   | 72   | Sécurité des agents pénitentiaires                                                                                                   | 6433 | Claude Lamberty, Max Hahn               | 88   |
| Sanctions prévues dans le cadre du Service de transports spécialisés                                        | 6226 | Myriam Cecchetti            | 73   | Accords dérogatoires en matière de télétravail avec la France                                                                        | 6435 | Marc Spautz, Laurent Mosar              | 88   |
| Impact de la sécheresse sur le secteur agricole                                                             | 6227 | Gusty Graas                 | 74   | Prise en charge médicale des personnes fuyant la guerre en Ukraine                                                                   | 6436 | Max Hengel, Claude Wiseler, Paul Galles | 89   |
| Traitement du mal de dos                                                                                    | 6236 | Sven Clement                | 75   | Invitation à des conférences de membres du Gouvernement par des entreprises privées                                                  | 6437 | Sven Clement                            | 89   |
| Vaccin contre le HPV (papillomavirus humain)                                                                | 6242 | Mars Di Bartolomeo          | 75   | Transformation de la force de réaction rapide de l'OTAN (Nato Response Force)                                                        | 6441 | Claude Wiseler                          | 89   |
| Chèque-service d'accueil (CSA)                                                                              | 6244 | Marc Goergen                | 76   | Communiqué sur l'adaptation de la circulaire relative aux droits et devoirs des agents de l'État dans leurs relations avec la presse | 6442 | Diane Adehm                             | 90   |
| Timbres postaux                                                                                             | 6252 | Fred Keup                   | 76   | Droits sociaux des bénéficiaires de protection temporaire (BPT)                                                                      | 6448 | Paul Galles                             | 90   |
| Délai de prescription                                                                                       | 6296 | Roy Reding                  | 76   | Aide aux devoirs gratuite                                                                                                            | 6454 | Francine Closene                        | 91   |
| Étude Eurostat concernant le nombre de titulaires d'un diplôme d'études supérieures dans l'Union européenne | 6320 | Sven Clement                | 77   | Matériel à disposition des agents policiers                                                                                          | 6456 | Fernand Kartheiser, Fred Keup           | 92   |
| Étude de mobilité en Sarre                                                                                  | 6337 | Dan Biancalana              | 77   | Cambriolages dans la région de Michelau                                                                                              | 6458 | Martine Hansen, Léon Gloden             | 93   |
| Stations à hydrogène                                                                                        | 6338 | Paul Galles                 | 78   | Cambriolages dans la région de Michelau                                                                                              | 6461 | André Bauler                            | 93   |
| Port franc                                                                                                  | 6346 | Laurent Mosar               | 78   | Pénurie de personnel dans les maisons de soins                                                                                       | 6465 | Jeff Engelen                            | 93   |
| Rapport concernant la politique en matière de lutte contre le réchauffement climatique                      | 6373 | Myriam Cecchetti            | 78   | Produits CBD                                                                                                                         | 6469 | Léon Gloden                             | 94   |
| Impact de la crise sanitaire sur le taux d'obésité chez les enfants                                         | 6375 | Josée Lorsché, Marc Hansen  | 79   | Assises de la coopération                                                                                                            | 6474 | Stéphanie Empain, Djuna Bernard         | 94   |
| Sécurité au travail                                                                                         | 6376 | Sven Clement                | 80   | Installation de distributeurs de cryptomonnaie                                                                                       | 6476 | Marc Goergen                            | 94   |
| Plages du lac de la Haute-Sûre                                                                              | 6378 | Martine Hansen              | 80   | Comité de prévention communal                                                                                                        | 6479 | Marc Goergen                            | 95   |
| Plages du lac de la Haute-Sûre                                                                              | 6382 | Carlo Weber                 | 81   | Bilan du Plan d'action national de réduction des produits phytopharmaceutiques                                                       | 6482 | François Benoy                          | 95   |
| Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé                                  | 6398 | Mars Di Bartolomeo          | 81   | Rénovation du parc historique d'Echternach                                                                                           | 6484 | Marc Goergen                            | 95   |
| Congé de naissance pour couples homosexuels                                                                 | 6399 | Fernand Kartheiser          | 81   | Statistiques policières                                                                                                              | 6488 | Fred Keup                               | 96   |
| Introduction d'une aide aux devoirs gratuite                                                                | 6401 | Diane Adehm, Martine Hansen | 82   | Aides dans le cadre des inondations de 2021                                                                                          | 6490 | Max Hengel, Léon Gloden, Octavie Modert | 96   |
| Réaménagement du parc d'Echternach suite aux inondations de juillet 2021                                    | 6403 | Carole Hartmann             | 83   | Revenu d'inclusion sociale                                                                                                           | 6496 | Djuna Bernard                           | 96   |
| Situation actuelle à l'Aéroport de Luxembourg                                                               | 6406 | Nancy Arendt épouse Kemp    | 83   | Financement des offices sociaux                                                                                                      | 6502 | Marc Goergen                            | 96   |
| Fausses couches                                                                                             | 6409 | Nancy Arendt épouse Kemp    | 84   | Vêlosummer 2022                                                                                                                      | 6511 | Marc Goergen                            | 97   |
| Congés extraordinaires et spéciaux                                                                          | 6411 | Carole Hartmann, Max Hahn   | 84   | Vente de terrains à bâtir par les communes                                                                                           | 6512 | Nathalie Oberweis                       | 97   |
| Victimes de la route                                                                                        | 6415 | Jeff Engelen                | 84   | Bilan des objectifs climatiques sectoriels pour l'année 2021                                                                         | 6517 | Max Hahn, Claude Lamberty               | 98   |
| Utilisation de l'intelligence artificielle par les autorités judiciaires                                    | 6416 | Léon Gloden                 | 85   | Section partielle de la queue des porcs                                                                                              | 6544 | Chantal Gary                            | 98   |
| Candidature pour un prochain « Grand Départ » ou une arrivée du Tour de France                              | 6423 | Mars Di Bartolomeo          | 85   | Conflits d'intérêts au niveau communal                                                                                               | 6553 | Marc Goergen                            | 98   |
| Bureau de la CNS à Ettelbruck                                                                               | 6424 | Jean-Paul Schaaf            | 85   | Sommet de l'agriculture                                                                                                              | 7338 | Martine Hansen                          | 99   |
| Emplacements réservés aux voitures électriques                                                              | 6425 | Marc Goergen                | 85   |                                                                                                                                      |      |                                         |      |
| Congé parental                                                                                              | 6426 | Sven Clement                | 86   |                                                                                                                                      |      |                                         |      |
| Château de Beaufort                                                                                         | 6428 | Octavie Modert              | 86   |                                                                                                                                      |      |                                         |      |



**Coupons de réduction pour des cours de langues |**  
Question 6194 (16/05/2022) de **M. Paul Galles** (CSV)

L'apprentissage des langues est l'un des éléments fondamentaux de l'intégration des non-Luxembourgeois au Luxembourg, en particulier en ce qui concerne la recherche d'un emploi. Dans un souci de faciliter l'accès aux cours de langues aux demandeurs d'emploi, aux demandeurs de protection internationale et aux signataires d'un contrat d'accueil et d'intégration, l'Agence pour le développement de l'emploi, l'Office national de l'accueil et le Ministère de la Famille et de l'Intégration émettent des « bons » de réduction pour les cours de langues. En plus de l'offre privée de cours de langues et de l'offre du Service de la formation des adultes, l'État offre également des cours de langues, par le biais de l'Institut national des langues (INL). Nonobstant, selon des informations que j'ai reçues, l'INL n'accepterait pas les « bons » émis par l'ADEM et l'ONA. Par contre, les autres « coupons » seraient acceptés. C'est dans ce contexte que je souhaiterais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire et à Madame le Ministre de la Famille et de l'Intégration :

– Les ministres sont-ils en mesure de confirmer les informations mentionnées plus haut ?

– Dans l'affirmative, quelles sont les raisons pour lesquelles l'INL refuse les bons de réduction de l'ADEM ou de l'ONA ?

– Si tel est le cas, les ministres regrettent-ils que l'INL n'accepte pas les pièces justificatives de l'ADEM et de l'ONA et ont-ils l'intention d'y changer cette situation ?

– Par contre, si l'information est incorrecte et l'INL accepte les « bons » mentionnés, combien de personnes ont bénéficié d'une réduction de tarif les trois dernières années, pour des cours de langues de l'INL, par des bons de l'ADEM, par des bons de l'ONA et par les bons du CAI ?

**Réponse** (28/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

Ces informations sont inexactes.

Les montants des droits d'inscription aux cours organisés par l'Institut national des langues (INL) sont fixés par règlement grand-ducal, en l'occurrence le règlement grand-ducal du 27 juin 2018 fixant le montant des droits d'inscription aux cours organisés par l'Institut national des langues.

Ce règlement grand-ducal prévoit l'octroi d'un droit d'inscription à tarif réduit, dit « tarif C », d'un montant de 10,00 € par cours. Les personnes suivantes sont éligibles pour pouvoir bénéficier de ce tarif réduit, à savoir :

- 1) les demandeurs d'emploi indemnisés, sur présentation, au moment de l'inscription, d'une convocation établie par l'Agence pour le développement de l'emploi (ADEM) ;
- 2) les bénéficiaires du revenu minimum garanti disponibles pour une mesure sociale complémentaire telle que prévue par la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti, sur présentation, au moment de l'inscription, d'une attestation établie au nom du bénéficiaire par le Service national d'action sociale ;
- 3) les personnes reconnues nécessiteuses, sur présentation, au moment de l'inscription, d'une attestation

établie au nom du bénéficiaire, par l'Office national de l'accueil (ONA) ou les offices sociaux communaux ;

- 4) les élèves de l'enseignement secondaire, sur présentation, au moment de l'inscription, d'une lettre de recommandation dûment motivée du directeur de l'établissement qu'ils fréquentent ;
- 5) les signataires d'un contrat d'accueil et d'intégration conformément à la loi modifiée du 16 décembre 2008 concernant l'accueil et l'intégration des étrangers au Grand-Duché de Luxembourg, ainsi qu'au règlement grand-ducal modifié du 2 septembre 2011 1. fixant les conditions d'applications et modalités d'exécution relatives au contrat d'accueil et d'intégration 2. modifiant le règlement grand-ducal du 15 mai 2001 fixant le montant du droit d'inscription à payer lors de l'admission à un cours d'éducation des adultes organisé par le Service de la formation des adultes 3. modifiant le règlement grand-ducal du 31 mars 2000 ayant pour objet 1) de fixer les modalités des contrats conventionnant des cours pour adultes et les conditions d'obtention d'un label de qualité et d'une subvention 2) de créer une Commission consultative à l'éducation des adultes 4. modifiant le règlement grand-ducal du 3 août 2010 fixant les montants des droits d'inscription à payer lors de l'admission à un cours organisé par l'Institut national des langues, pour les trois langues administratives du Grand-Duché de Luxembourg, sur présentation, au moment de l'inscription, de leur contrat d'accueil et d'intégration.

Pour les personnes visées aux points 1) à 4), l'inscription à un cours au « tarif C » ne peut avoir lieu que pour l'apprentissage d'une des trois langues administratives du Luxembourg ainsi que de l'anglais.

Pour les personnes visées au point 5), l'inscription à un cours au « tarif C » ne peut avoir lieu que pour l'apprentissage d'une des trois langues administratives du Luxembourg.

Au cours des trois dernières années (2019-2021), le Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région (MIFA) a émis un total de 6.585 bons pour des cours de langues dans le cadre du Contrat d'accueil et d'intégration (CAI). Ces bons sont acceptés par l'INL et sont valables également auprès d'autres prestataires de cours de langues agréés par le Service de la formation des adultes du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Le nombre de personnes ayant bénéficié du tarif réduit auprès de l'INL, sur présentation d'une attestation établie par de l'ADEM, l'ONA, respectivement le MIFA, pendant les trois dernières années est repris dans le tableau ci-dessous :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

**Chaudières à gaz dans les bâtiments publics |**  
Question 6214 (18/05/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Duerch déi aktuell geopolitesch, ekologesch an ekonomesch Krise gerode Gebaier, déi mat fossillen Energie wéi Gas gehëtzt ginn, ëmmer méi an d'Kritik, dëst am Hannergrond vum Paräisser Klimaschutzaccord, deen och Lëtzebuerg 2015 mat ënnerschriwwen huet.

Et ass gewosst, dass Gas keng nohalteg Léisung fir eist Klima an d'Ëmwelt duerstellt. En enger Motioun vun déi gréng am Stater Gemengerot vum 22. Abrëll 2022 gouf gefuerdert, dass Gebaier, déi vun der Stad gebaut ginn, net méi mat Gasheizung sollen equipéiert ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministere fir Energie, fir ëffentlech Aarbechten, fir Wunnengsbau

a fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gebaier, déi säit 2016 vun der ëffentlecher Hand gebaut goufen, goufe mat enger Gasheizung equipéiert?

Wéi vill Gebaier sinn aktuell nach a Planung a kréien eng Gasheizung?

Falls keng Donnéeë virleien, kënnen d'Ministernen ausschleissen, dass vun de säit 2016 gebaute Gebaier méi wéi 75 % mat Gas gehëtzt ginn?

2. Wéi vill Wunngebaier, déi vum Staat, vu staatleche Fongen oder vun Etablissements publics gebaut oder matfinanzéiert goufen, si säit 2016 mat Gasheizungen equipéiert ginn?

Falls keng Donnéeë virleien, kënnen d'Ministernen ausschleissen, dass vun de säit 2016 gebaute Gebaier méi wéi 75 % mat Gas gehëtzt ginn?

**Réponse** (26/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Henri Kox**, Ministre du Logement | **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

ad 1. D'Verwaltung fir ëffentlech Bauten huet zënter 2016 insgesamt 9 Gebaier gebaut oder am Bau, déi mat Gas gehëtzt ginn. Hei handelt et sech ëm 2 Sitté vun der Verwaltung fir Brécken a Stroossen, 3 Projete fir international Flüchtlingen, d'Gebai vun der Wanteraktioun um Findel, e Containerbau vun 2 Gebaier fir de Luxembourg Institute of Health beim Centre hospitalier zu Lëtzebuerg an den neie Prisong um Uerschterhaff. D'Projete fir Flüchtlingen hu misse séier realiséiert ginn a sinn eventuell nëmme fir eng begrenzten Zäit a Betrib. Fir de Site vum Uerschterhaff ass aus Sécherheetsgrënn och keng Produktioun vu Wärmt mat Biomass méiglech, well hei eng grouss Unzuel vu Camionen op de Site misste gelooss ginn.

Zousätzlech zu de genannte Projete sinn och an dräi Fäll Gasheizungen als Spëtzekeessel a Kombinatioun mat Pellet- (Ligue HMC zu Capellen an de CIPA zu Käerjeng) oder Gréngschnëttkesselen (Lycée vun den Natur- an Agrarwëssenschaften zu Gilsdref) installéiert ginn.

Grondsätzlech ass d'Verwaltung fir ëffentlech Baute schonn zënter Laangem beméit, fir de Verbrauch vu fossillen Energien ze limitéieren. Esou sinn zéng Projete geplangt, respektiv schonn ëmgesat ginn, bei deenen d'Gasheizung duerch eng Biomassheizung ersat gëtt.

ad 2. Zënter 2016 si 661 Gebaier mat 2.251 Wunnunitéite vum Fonds du logement an der Société nationale des habitations à bon marché (SNHBM) gebaut ginn, dovunner sinn 52,9 % mat Gasheizungen equipéiert. Am Kader vu senger Renovatiounsstrategie huet de Fonds du logement virgesinn, d'Gasheizungen am Bestand ze ersetzen. Domadder sollen d'Virgäbe vum PNEC a Bezuch op Dreifhausgasen an erneierbar Energien ëmgesat ginn.

Mir wëllen drop hiweisen, dass op Basis vum Règlement grand-ducal du 9 juin 2021 concernant la performance énergétique des bâtiments, fir nei Gebaier, fir déi eng Baugeneemegung ab dem 1. Januar 2023 ugefrot gëtt, eng Wärmepompe als Referenztechnologie fir d'Heize virgesinn ass, an domat den Asaz vu Gasheizungen (oder aneren Heizungen, déi op fossille Brennstoffe baséieren) praktesch net méi méiglech ass. Lëtzebuerg ass bei fossillfräie Gebaier e Virreider an där Hënsicht.

**Formation en artisanat |** Question 6224 (19/05/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

D'Roll vum Handwerk an der Gesellschaft an notament der entsprecherender Berufsausbildung souwéi

hir Integratioun an den ëffentleche Schoulsystem ass en Theema, wat zu Lëtzebuerg ëmmer rëm kontrovers diskutéiert gëtt, net zulescht während enger Interpellatioun den 10. Mäerz an der Chamber.

An deem Sënn géif ech dem Här Schoulminister gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert ass, de PII (Projet intégré intermédiaire) net als Module am Lycée ze féieren, virun allem wann een en Apprentissage adulte mécht. Leit, déi en normalen Apprentissage maachen, erliden am Fall vun engem Echec finanziell Aboussen, déi Leit, déi en Apprentissage adulte maachen, allerdéngs net. Wéi gëtt dës Handlung gerechtfäerdegt, wuel wëssend, datt e Léierbouv/Léiermeedche genau déi selwecht finanziell Ausgaben huet?

2. Wéi vill Leit si während de Joren 2010–2020 mat enger ofgeschlossener Berufsausbildung an de Chômage gefall? Wéi stoungen dës Zuelen a Relatioun zu deene Leit, déi mat enger Première oder engem akademeschen Diplom an de Chômage gefall sinn?

3. An der Berufsausbildung si vun 2000 bis 2020 insgesamt 180 verschidden Ausbildungsméiglechkeeten ugebuede ginn. Wéi hunn d'Klasseneffektiver sech iwwert dee genannten Zäitraum pro Branche a Schouljoer zesummegesat?

4. Wéi presentéieren d'Zuelen sech am Sënn vun der Fro virdru fir d'Formatioun Smart Technologies säit hirer Aféierung?

5. Wéi vill Schüler hunn sech fir d'Schouljoer 2021/2022 fir follgend Formatiounen ugemellt: DAP Education, DAP Electro-technologies, Technicien en communication et tourisme, Technicien horticoles en paysagisme?

6. Gëllt de CNFPC (Centre national de formation professionnelle continue) dem Gesetz no als offiziell Ausbildungsplaz vum MENJE?

7. Kann den Här Minister elaboréieren, wéi eng Ursachen dogéint schwätzen, d'Remuneratioun während der Berufsausbildung ze standardiséieren? Besteet hei net d'Gefor vun der Ofwäertung vun eenzele Beruffer?

**Réponse** (28/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. De Fait, datt de PII (Projet intégré intermédiaire) net als Module am Lycée geféiert gëtt, geet ervir aus dem Artikel 33 quinquies Paragraph 6 aus dem modifizéierte Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwer d'Reform vun der Berufsausbildung, dee virschreift, datt fir d'Formatiounen ënner Léiervertrag e Projet intégré intermédiaire (PII) virgesinn ass (ausser am CCP). Dës Dispositioun ass onofhängeg dovunner, ob de Léierbouv/d'Léiermeedchen en Apprentissage adulte mécht oder net.

Sou wéi dat groussherzoglecht Reglement vum 6. August 2021 iwwer d'Indemnitéiten am Apprentissage et virgesäit, ginn no der Reussite vum PII dës Indemnitéiten an d'Luucht. Och dës Dispositioun ass onofhängeg dovunner, ob de Léierbouv/d'Léiermeedchen en Apprentissage adulte mécht oder net.

Wat den Apprentissage adulte ugeet, gesäit dat groussherzoglecht Reglement vum 17. Dezember 2010 iwwer d'Organisatioun vum Apprentissage pour adultes vir, datt d'Apprentis adultes eng Indemnitéit (déi virum PII, respektiv nom PII) an e Complement kréien. D'Zomm vu béide Beträg ergëtt dann den onqualifizéierte Mindestloun.

ad 2. D'TEVA-Etude vum Observatoire vum Institut national pour le développement de la formation professionnelle continue (INFPC) gëtt Opschloss iwwer

d'Situatioun vun den Diploméierte vun der Berufsausbildung, déi keng weider Studien ugaange sinn, am Joer nodeems se hiren Diplom kruten. Dës Etude erfaasst awer eréischt Diploméierter vum Schouljoer 2012/2013 u bis d'Schouljoer 2018/2019. D'Promotioun 2019/2020 gëtt am Moment analyséiert, deem no sinn do nach keng Donnéeë verfügbare.

Aus der Etude geet ervir, datt an der Moyenne vun den analyséierte Joergäng 91 % vun den Diploméierten op d'mannst eng Aarbechtsplaz haten (min. 89,4 %/max. 93,1 %). Ee Joer nom Ofschloss hunn an der Moyenne 79 % vun den Diploméierten eng Aarbecht (min. 76,4 %/max. 82,8 %). Direkt no der Léier hunn an der Moyenne 58,7 % vun den Diploméierten eng Aarbecht fonnt (min. 52,6 %/max. 67,8 %). Schlussendlech gëllt nach ervirzehiewen, datt all déi genannten Tauxen d'Tendenz haten, sech iwwer déi sechs analyséiert Joergäng ze verbessern.

Am Enseignement secondaire oder am Beräich vun der Héichschoul gëtt et keng esou Analysen.

ad 3. An der Annex fënnt den honorabelen Deputéierten d'Leschte mat de gefroten Informatiounen. Ze berücksichtigen ass, datt virum 2006 d'Donnéeën net digital erfaasst gi sinn. Ausserdem huet d'Reform an der Berufsausbildung, déi duerch d'Gesetz vum 19. Dezember 2008 agefouert gouf, sech iwwer e puer Schouljoren higezunn, bis se an all Formatioun en place war. Och goufen et zanter der Reform vun 2008 zwou weider Reformen an der Berufsausbildung, déi gréisser Verännerungen um Niveau vun der Evaluatioun an der Promotioun bruecht hunn.

ad 4. Déi gefroten Zuele fir d'Formatioun Smart Technologies ginn aus folgendem Tableau ervir:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

ad 5. Déi genannte Formatiounen ginn eréischt ab dem Schouljoer 2022/2023 ugebueden.

ad 6. Laut dem Artikel 16 vum modifizéierte Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwer d'Reform vun der Berufsausbildung kann dës an engem Lycée, engem Organisme de formation wéi och an engem Centre de formation stattfannen.

ad 7. Laut Artikel L. 111-11 aus dem Aarbechtsgesetzbuch ginn dës Indemnitéiten am Apprentissage op Avis vun de Berufsskummere jeeweils fir ee Schouljoer per groussherzoglecht Reglement festgeluecht.

## Sanctions prévues dans le cadre du Service de transports spécialisés | Question 6226 (19/05/2022) de Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)

Concernant le Service de transports spécialisés, dont fait partie le service Adapto, les conditions d'utilisation de l'Administration des transports publics prévoient un catalogue de sanctions en cas de comportement fautif ou inapproprié de la part de l'utilisateur. Les sanctions sont énumérées en six catégories dans une grille allant d'un simple avertissement à une perte de l'accès pendant une période de 10 jours. Par exemple, si l'utilisateur défait sa ceinture de sécurité pendant le trajet, il est d'abord averti et en cas de récidive, il peut être exclu du service pour 3 jours, puis 6 jours.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité :

1) Combien d'avertissements et sanctions ont été prononcés pour les différentes catégories depuis l'introduction de la grille de sanctions ?

Si la personne responsable, qui est censée réceptionner l'utilisateur, n'est pas présente au point d'accueil au domicile ou au centre, l'utilisateur est immédiatement

sanctionné avec un retrait de l'accès pour 5 jours et en cas de récidive de 10 jours.

2) Monsieur le Ministre juge-t-il cette sanction appropriée, étant donné que l'utilisateur n'est pas forcément responsable des faits, d'autant plus s'il s'agit de la personne responsable du centre ? Est-ce que la question de la responsabilité est évaluée avant de prononcer des sanctions dans de tels cas ? Existe-t-il la possibilité de contester une telle sanction ?

3) Est-ce que la présence d'éventuelles maladies psychiques ou de troubles comportementaux chez l'utilisateur sont pris en compte avant de prononcer de telles sanctions, notamment en ce qui concerne les sanctions contre des comportements agressifs, obscènes ou exhibitionnistes ?

**Réponse** (28/06/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Tout d'abord, il convient de prêter attention à la distinction entre les transports Adapto et CAPABS ; ce sont des services spécialisés et spécifiques suivant les dispositions de l'article 4 point 4° de la loi du 5 février 2021 sur les transports publics. Les sanctions qui font l'objet de la présente question parlementaire s'appliquent au service de transport CAPABS (destiné aux déplacements réguliers vers des centres de compétences, ateliers protégés ou autres structures spécialisées), et non pas au service de transport Adapto (destiné aux transports occasionnels et de loisirs). Plus particulièrement, elles sont liées aux conditions de fonctionnement du transport CAPABS.

Les sanctions, consistant en pratique à une suspension temporaire du transport, ont été publiées avec la remise d'un formulaire aux bénéficiaires du transport CAPABS, en vue de la collecte de leurs coordonnées et des exigences quant aux véhicules à mettre en service, et en vue de leur consentement pour le traitement de ces données ainsi que l'acceptation des conditions de fonctionnement. Cette démarche se trouve en relation avec la mise en place d'un nouveau logiciel de gestion de ces transports. La collecte des données a été effectuée en collaboration avec les centres fréquentés qui se sont chargés de recueillir les formulaires remplis et de les transmettre à mes services.

La suspension temporaire du transport n'est pas une nouveauté, mais a déjà été appliquée de temps en temps dans le passé, après évaluation au cas par cas et en concertation avec les centres ou structures concernés.

Je me permets d'indiquer que le bon déroulement du trajet d'une personne handicapée ou à besoins spécifiques, pour rejoindre l'établissement fréquenté ou pour en retourner, peut être comparé à une chaîne composée de plusieurs éléments qui se trouvent sous différentes responsabilités. Ce déplacement comprend la sortie du domicile jusqu'au bus, la montée assistée ou non dans le véhicule, la disposition des passagers dans le véhicule (p. ex. dans certains cas il faut veiller à séparer ou éloigner certains bénéficiaires entre eux dans un même véhicule), la fixation des bénéficiaires avec les ceintures appropriées ou parfois spéciales, la fixation dans le véhicule des fauteuils roulants ou autres aides techniques, la sortie assistée ou non des bénéficiaires du véhicule, le transfert du bénéficiaire depuis le véhicule vers la porte d'entrée de l'établissement le cas échéant, etc.

ad 1) Au cours des 6 dernières années, 8 personnes ont été temporairement suspendues du transport ; 2 personnes ont reçu un avertissement. Il s'agissait de cas concrets où la sécurité de toutes les personnes concernées, aussi bien celle du bénéficiaire que celle du conducteur ou d'autres personnes, n'était plus garantie.



ad 2) Le système de la présence obligatoire d'une personne responsable pour assurer l'accueil de certains bénéficiaires a été mis en place il y a longtemps afin de garantir un niveau de sécurité élevé pour ces bénéficiaires. L'absence de cette personne accueillante présente en premier lieu un danger pour le bénéficiaire, et peut en deuxième lieu provoquer d'importants retards d'horaire et donc de la dépose des prochains bénéficiaires figurant sur cette ligne de bus.

L'accueil obligatoire ou non d'un bénéficiaire auprès de son domicile à la sortie du bus est une mesure de précaution qui n'est pas évaluée par mes services, mais est indiquée par écrit lors de la demande du centre de prendre en charge le transport d'un nouveau bénéficiaire. Cet accueil peut être demandé également en cours d'année, lorsque le centre fréquenté ou le responsable légal constate que le bénéficiaire n'est plus capable de rentrer à la descente du bus à son domicile en toute indépendance.

Je suis d'avis que l'absence de cet accueil et donc la mise en péril potentielle du bénéficiaire ne doit pas rester sans conséquences. L'annonce d'un retrait temporaire du transport souligne l'importance de cet élément indispensable, et des mesures de prévention doivent être en place. Je suis bien entendu disposé à réévaluer le niveau ou la durée de la suspension du transport.

Je suis conscient que dans certains cas, la responsabilité n'incombe pas au bénéficiaire, mais à la personne responsable de l'accueil. Néanmoins, la mission du conducteur consiste dans la conduite du véhicule et elle s'arrête à l'endroit prévu pour la descente du bénéficiaire ; les parents ou tuteurs doivent également assumer leurs responsabilités par rapport à leur enfant.

Un cas d'absence d'une personne responsable de l'accueil à l'arrivée auprès d'un centre de compétences n'est pas encore arrivé, à ma connaissance. Bien entendu, dans ce cas, ce n'est pas le bénéficiaire qui serait sanctionné, mais le centre qui est tenu responsable.

ad 3) Une procédure interne définit la manière dont les incidents sont réceptionnés et traités par mes services afin de garantir et d'améliorer la qualité du transport. Une distinction est faite entre différents types d'incidents. Pas tous les types d'incidents ont un impact sur la sécurité, mais plutôt sur l'organisation du transport. La situation est évaluée avec les personnes concernées et une alternative pour le transport est éventuellement envisagée ; par exemple en mettant en place un transport individuel de l'enfant (à noter qu'un véhicule et conducteur doit alors être organisé le plus rapidement possible avec une entreprise de transport, ce qui ne peut pas toujours se faire du jour au lendemain) ou la suspension du transport les jours suivants jusqu'à ce que la situation s'améliore ou qu'un transport individuel ait pu être mis en place. Dans un cas de comportement agressif ou d'un incident obscène ou exhibitionniste, tout comme dans tous les cas, le handicap et d'éventuels troubles psychiques sont bien entendu pris en compte ; une décision est toujours prise en concertation avec les personnes et les structures impliquées et en tenant compte des besoins spécifiques de l'enfant et de la situation. Je peux vous assurer que, quelle que soit la décision prise, la sécurité de toutes les personnes concernées est toujours prioritaire.

Pour plus de détails je me permets de renvoyer à la réponse à la question parlementaire n° 6126.

#### Impact de la sécheresse sur le secteur agricole | Question 6227 (19/05/2022) de M. Gusty Graas (DP)

La hausse rapide des températures et le manque de précipitations depuis le début du mois de mai

préoccupent le secteur agricole. En effet, les conditions météorologiques des prochaines semaines joueront un rôle décisif dans la récolte de cette année.

L'observatoire CéréObs fournit des chiffres précis sur l'état des céréales cultivées sur le territoire français. Ainsi, 89 % des cultures de blé tendre sont dans un bon ou très bon état par rapport à 79 % en 2021 à la même période. Pour le blé dur ce taux est de 83 % en 2022 contre 69 % en 2021. Il est important de noter que ces données de terrain ont été publiées avant la forte hausse des températures.

L'État français a rapidement répondu aux préoccupations des agriculteurs sous la forme d'un état des lieux, qui met en évidence les risques de tension hydraulique et de sécheresse, entre autres. Ainsi, le Ministère de l'Agriculture chiffre à 20 % le déficit de recharge des nappes phréatiques en France entre septembre et mars 2022. Le Gouvernement français est par ailleurs parfaitement conscient que cela aura un impact négatif sur la production de céréales et accorde donc une aide financière pour soutenir les agriculteurs face au changement climatique. Le guichet de soutien créé en avril pour aider les agriculteurs pour soutenir les agriculteurs à faire face au changement climatique va être augmenté de 20 millions supplémentaires, soit un doublement du budget initial.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

1) Est-ce que Monsieur le Ministre partage l'avis du Gouvernement français selon lequel la situation climatique actuelle aura un effet négatif sur les récoltes de cette année ?

2) Alors que les conditions météorologiques extrêmes vont impacter de plus en plus les récoltes, le ministère prévoit-il des aides spécifiques à l'image du guichet de soutien français pour soutenir les agriculteurs à faire face au changement climatique ?

3) Quel est le niveau actuel de recharge des nappes phréatiques au Luxembourg ? Y a-t-il une inquiétude quant au fait que nous soyons confrontés à un déficit en eau en raison des conditions climatiques ?

**Réponse (28/06/2022) de M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1) J'invite l'honorable Député à consulter le bulletin météorologique très détaillé du printemps 2022 d'Agri-meteo, le service météorologique de l'Administration des services techniques de l'agriculture (ASTA) <https://agriculture.public.lu/de/actualites/2022/juni-2022/bilan-meteo-printemps-2022.html>. Pour compléter ce bulletin, il convient de préciser que depuis le premier juin jusqu'à la date d'aujourd'hui (16.06.2022) les précipitations du début du mois de juin (source : stations météorologiques de l'ASTA) allant de 22,4 mm à Remich jusqu'à 31,1 mm à Merl, en passant par 28,19 mm à Clémency et 29,56 à Asselborn, ont légèrement amélioré la situation pour les céréales d'hiver. Par contre, les céréales de printemps restent fortement marquées par la sécheresse et la situation demeure critique. La vague de chaleur de mi-juin risque d'aggraver davantage l'impact de la chaleur sur les cultures agricoles et horticoles. En ce moment, il est cependant encore trop tôt pour faire des estimations exactes concernant les rendements et le bilan de la sécheresse printanière.

En viticulture, uniquement les jeunes plantes nécessiteront une irrigation s'il n'y aura pas suffisamment de précipitations en été.

ad 2) Le Ministère de l'Agriculture aide les agriculteurs frappés par la sécheresse en subventionnant les primes des contrats d'assurances spécifiques contre la sécheresse et recommande au secteur de s'assurer. Sont ainsi à disposition des exploitations agricoles :

1) Une assurance contre les pertes de récoltes subies suite, entre autres, à la sécheresse sur les prairies et pâturages à raison de 65 %. Les entreprises agricoles qui ont souscrit à cette assurance ont droit à une compensation de leurs pertes en cas de sécheresse. Cette assurance est indexée et calculée sur base des données météorologiques mesurées par les différentes stations météo du service météorologique de l'ASTA. Pour l'instant il est encore trop tôt pour établir des prévisions et il faudra attendre comment évolue la pluviométrie les prochaines semaines. Une première évaluation de la pluviométrie peut être faite au plus tôt fin juin. À titre d'exemple, en 2021, le ministère a payé 1,2 million d'euros à 200 exploitations.

2) Une assurance contre les pertes de récoltes subies suite, entre autres, à la sécheresse, pour les cultures de céréales, maïs, betteraves, colza, légumineuses et pommes de terre, à raison de 65 %. L'évaluation des pertes de récolte pour ces cultures sera faite au cours de la période de végétation respectivement après la fin de la récolte. À titre d'exemple, en 2021, le ministère a payé 2,0 millions d'euros à 785 exploitations.

Le bilan provisoire des contrats de ce régime d'assurance signés pour l'année en cours montre une légère augmentation dans le secteur des céréales et des prairies et pâtures. Dans le contexte actuel de la flambée des prix de vente des céréales, la valeur de la production assurée par un contrat sécheresse a augmenté d'environ 13 % et couvre 38 % de la surface des céréales et oléagineux.

À ce stade, il est trop tôt pour déterminer les effets définitifs de la sécheresse prononcée jusqu'au mois de mai, la situation est suivie de très près. Un régime d'aide supplémentaire au soutien du système d'assurances n'est pas prévu.

Des informations supplémentaires sur l'assurance sont disponibles sur notre site web : <https://agriculture.public.lu/de/beihilfen/sonstige-forderungsmassnahmen/unterstuetzung-ertragsausfallversicherungen.html>

ad 3) Notons que la période de recharge de l'eau souterraine a lieu pendant la période hivernale (octobre à avril) et que des précipitations en été ne contribuent pas à cette recharge. Le début de la période de recharge de l'année hydrologique 2021-2022 se présentait plus sec que la moyenne, de sorte que ce n'est qu'à partir de janvier 2022 qu'on a eu une situation normale avec la saturation d'eau des sols. Les recharges mensuelles d'octobre à décembre 2021 étaient déficitaires et celles de janvier à mars 2022 peuvent être qualifiées tout au plus comme proches de la normale. La recharge des eaux souterraines a dès lors connu (tout comme l'année précédente) un certain retard.

La situation actuelle (du point de vue de la recharge) s'avère moins favorable que celle de l'année passée et les manques de précipitation d'avril et de mai 2022 n'ont pas amélioré la situation. En fin de compte, la recharge cumulée connaît un déficit total calculé de près de 30 % fin mai 2022. Toutefois, l'état quantitatif général des eaux souterraines ne se situe pas à un niveau préoccupant. Suivant les prévisions disponibles, une stabilisation des niveaux d'eau souterraine est à attendre à court terme. Un déficit significatif au niveau de la recharge pendant la prochaine période hivernale entraînerait cependant très probablement une diminution de l'état quantitatif. Ceci notamment au niveau de la principale ressource d'eau souterraine qui est

constituée par les couches géologiques du grès de Luxembourg.

Des températures élevées en été entraîneront bien sûr une augmentation de la consommation en eau potable. Cependant, l'état quantitatif général des eaux souterraines se situe actuellement sur un niveau général satisfaisant et les ressources sont en général suffisantes pour les besoins de la production d'eau potable des mois à venir. En raison de la forte croissance économique et démographique lors des dernières années, les infrastructures d'eau potable au niveau communal ne sont cependant pas toujours adaptées à la forte demande en eau potable pendant les périodes de consommation de pointe. Pour atténuer cet effet et pour éviter au maximum que les communes soient contraintes de déclarer des phases oranges voire rouges, la population est sensibilisée à économiser l'eau potable pendant les mois d'été et de façon générale. Une telle phase de sensibilisation a notamment été adressée en date du 16 juin 2022 par le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable ainsi que par l'Administration de la gestion de l'eau, dans laquelle les communes et la population ont été appelées à ne pas gaspiller l'eau du robinet et à limiter les consommations aux besoins les plus essentiels.

#### Traitement du mal de dos | Question 6236 (23/05/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

An der Äntwert op d'Fro N° 6037 hunn d'Ministère fir Gesondheet a Sozialversécherung geschriwwen, dass Réckeproblemer zu der heefegste Beruffskrankheet gehéieren. D'Ministèren ergänzen dozou:

Wat d'Reckeproblematik ubelaangt, finanziert de Gesondheitsministère déi national Réckeschoul (Prévidos), déi vum Service de santé au travail multi-sectoriel (STM) bedriwwen gëtt.

Et existéieren nach weider Moossnamen, déi vum Staat oder der Krankekeess finanziert ginn. Esou zum Beispill den David-Health-Programm zu Munnereff (fréier DBC genannt) oder d'Seancé mat Kinesithérapie. Dës Moossname gi mat enger Ordonnance vum Dokter vun der Krankekeess rembourséiert.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Patienten hunn an de vergaangen zéng Joer (opgeschlësst pro Joer) Servicer vun engem Kinesitherapeut fir Récken- a Nuqueproblemer an Usproch geholl?

Wéi vill Euro huet d'Krankekeess all Joer heifir ausginn?

2. Wéi vill Patienten hunn an de vergaangen zéng Joer (opgeschlësst pro Joer) den David-Health-Programm (fréier DBC) fir Récken- a Nuqueproblemer an Usproch geholl?

Wéi vill Euro huet d'Krankekeess all Joer heifir ausginn?

3. Existéieren nach aner Ulafstellen hei am Land, fir de Programm vun David Health kënnen an Usproch ze huelen ausser deem vu Munnereff?

4. Wéi vill Patienten hunn zënter 2013 (opgeschlësst pro Joer) d'Offer vun der nationaler Réckeschoul an Usproch geholl?

5. Wéi vill Euro huet de Gesondheitsministère heiraner investéiert?

**Réponse (29/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale**

ad 1. D'Nomenclature vun de Kinesitherapeuten erlaabt net, déi eenzel Aktivitéiten no anatomescher Regioun opzedeele. Et ass deemno net méiglech ze

soen, wéi vill Servicer vun engem Kinesitherapeut fir Récken- a Nuqueproblemer an Usproch geholl goufen.

ad 2. Den David-Health-Programm ass een internationalt Netzwierk vun Zenteren, déi eng ëmfassend Behandlung vu chronesch Péng am Réck a Genéck ubidden. Zu Lëtzebuerg gëtt dës Behandlung exklusiv am Centre thermal et de santé zu Mondorf (CTS) ugebueden.

Déi genee Tariffer, déi sech am Kontext vum David-Health-Programm applizéieren, sinn an der Nomenclature festgehalen, déi d'Gesondheitskeess mam Centre thermal et de santé zu Mondorf ënnerschriwwen huet<sup>1</sup>.

Den Tableau 1 presentéiert d'Unzuel vu Patienten an déi zesummenhängend Käschte fir d'Gesondheitskeess, déi an deem Kontext an den administrativen Datebanke vun der sozialer Sécherheet agegroun goufen.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Wéi am Tableau 1 duergestallt, kann ee feststellen, dass d'Unzuel vun de Patienten, déi d'Hauptbehandlung vum Réck a Genéck am David-Health-Programm an Usproch huelen, konstant tëscht 500 a 560 Patiente pro Joer bleift. Ee lichte Abroch kann ee fir d'Joer 2020 an 2021 feststellen, wat awer dem Covid-19 bedéngt ass.

Wat d'Käschten ugeet, kann een eng lichte Tendenz no uewe feststelle vun 1,1 Milliounen am Joer 2012 op 1,2 Milliounen am Joer 2019. Am Joer 2020 kann een eng Reduktioun vun de Käschte feststellen, bedéngt duerch d'Covid-19-Pandemie. Am Joer 2021 belafen sech d'Käschten dogéint op 1,3 Milliounen, obwuel ee klere Réckgang an der Unzuel vun de Patiente feststellen ass. Dës ass zréckzeféieren op d'Upassung vun den Tariffer fir de CTS weinst engem Aktivitéitsverloscht, deen duerch d'Covid-19-Mesuré bedéngt ass, an den zousätzleche Käschten, déi dës Mesuré mat sech bréngen.

ad 3. cf. Äntwert op d'Fro 2.

De Rehazenter huet och David-Health-Maschinen, déi ginn awer am Moment exklusiv am Kader vum Programm Long-Covid agesat.

ad 4. Dem Gesondheitsministère leie folgend Zuele vir iwwer d'Unzuel vun de Leit, déi an deene leschten zéng Joer op d'Offer vun der nationaler Réckeschoul zeréckgegraff hunn:

– 2013: 1.004

– 2014: 828

– 2015: 933

– 2016: 954

– 2017: 768

– 2018: 681

– 2019: 859

ad 5. De Gesondheitsministère kann déi gefroten Zuele bis d'Joer 2017 zeréckverfollegen:

2017: 138.618,70 €

2018: 94.530,02 €

2019: 25.621,27 €

2020: 25.753,43 €

2021: 20.132,09 €

#### Vaccin contre le HPV (papillomavirus humain) | Question 6242 (24/05/2022) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)

À la lumière des dernières données scientifiques, le comité d'experts en matière de politique vaccinale de

l'Organisation mondiale de la santé (OMS) estime que désormais une seule dose de vaccin contre le HPV (papillomavirus humain) suffit à protéger les jeunes filles de neuf à 20 ans, au lieu de deux précédemment recommandées.

Les cancers du col de l'utérus sont quasiment toujours provoqués par une infection, sexuellement transmissible, au papillomavirus qui peut engendrer une croissance cellulaire anormale de la peau et des muqueuses. Les HPV à haut risque peuvent provoquer des cancers du col de l'utérus, mais aussi de la bouche et de la gorge, un quart des cancers liés au HPV surviennent ainsi chez les hommes. Les papillomavirus à faible risque sont quant à eux responsables de la majorité des verrues génitales. Ces nouvelles recommandations doivent permettre à un plus grand nombre de filles et de femmes d'être vaccinées, tout en maintenant le niveau de protection nécessaire.

L'objectif de l'OMS est d'arriver à 20 % de filles vaccinées à l'âge de 15 ans d'ici 2030. Les programmes nationaux de vaccination peuvent toutefois continuer à utiliser deux doses s'ils le jugent nécessaire.

– J'aimerais dès lors savoir de Madame la Ministre de la Santé comment les autorités luxembourgeoises se positionnent face à cette nouvelle approche de la part de l'OMS.

– Combien de jeunes filles, respectivement garçons, sont actuellement vaccinés au Luxembourg ?

– Comment a évolué le taux de mortalité par cancer du col de l'utérus au Luxembourg, sachant que ce type de cancer est responsable de la mort de plus de 340.000 femmes dans le monde en 2020 ?

**Réponse (28/06/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

Il est vrai que le comité SAGE (Strategic Advisory Group of Experts on Immunization) de l'Organisation mondiale de la santé s'est exprimé lors d'une réunion en avril 2022 sur la possibilité d'administrer le vaccin contre le virus HPV en dose unique, en concluant que la vaccination des adolescents de neuf à 14 ans pourra se faire dorénavant avec un régime à une ou à deux doses. Le régime à une dose aurait un avantage évident dans les pays qui sont limités en ressources et où le circuit de distribution et d'administration des vaccins est souvent difficile<sup>2</sup>.

Dans sa séance du 17 mai 2022, le Conseil supérieur des maladies infectieuses (CSMI) a discuté de l'opportunité de changer de schéma de vaccination HPV au Luxembourg, et est cependant venu à la conclusion qu'en raison du faible nombre d'études démontrant la non-infériorité d'un schéma vaccinal à une seule dose, incluant les filles et les garçons et en l'absence d'un rapport détaillé du SAGE sur la question, il est trop tôt pour se prononcer sur une évolution des recommandations vaccinales existantes vers un schéma à dose unique de vaccin contre le HPV au Luxembourg. Il n'est d'ailleurs pas certain qu'un schéma à une dose unique améliorerait considérablement le taux de participation à la vaccination dans notre pays, puisque le vaccin est mis gratuitement à disposition de la population-cible depuis 2008 et que l'accès au médecin-vaccinateur n'est pas limité dans notre système de soins.

En attente de l'introduction généralisée du carnet de vaccination électronique (CVE), pour lequel une phase pilote est en cours, le Ministère de la Santé ne possède actuellement pas de statistiques détaillées sur les taux de vaccination des vaccins administrés au Luxembourg. Cependant, une étude réalisée sur la population des filles nées entre 1991 et 2003, résidant au Luxembourg

<sup>1</sup> Règlement grand-ducal du 10 décembre 2015 modifiant le règlement grand-ducal modifié du 19 mars 1999 concernant la nomenclature des actes et services prestés dans le Centre thermal et de santé de Mondorf-les-Bains pris en charge par l'assurance maladie.

<sup>2</sup> World Health Organisation: Meeting of the Strategic Advisory Group of Experts on Immunization, April 2022: Conclusions and Recommendations. Weekly Epidemiological Record, No. 24, 17 June 2022



et vaccinées entre 2008 et 2016, montre un taux de vaccination contre le HPV à hauteur de 62 % pour une première dose. Ce taux est considéré comme modéré et suggère la nécessité de promouvoir davantage cette vaccination<sup>3</sup>.

Par ailleurs, la Direction de la santé dispose des données générales de commandes de vaccins par les médecins dans le cadre du Programme national de vaccination. Ces chiffres montrent que 8.976 doses de vaccin ont été commandées en 2019, 10.412 doses en 2020 et 13.617 doses en 2021, ce qui permet en moyenne de vacciner complètement (deux doses) environ 5.500 personnes par an. Ceci fait supposer un taux de vaccination en progression de la cohorte annuelle d'adolescents à vacciner.

L'évolution du taux standardisé de mortalité par cancer du col de l'utérus (code ICD-10 C53) pour 100.000 habitants, au Luxembourg et dans une liste de pays voisins, de 2011 à 2019, est présenté dans le graphique ci-dessous.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Considérant les petits effectifs (cinq décès dus au cancer du col de l'utérus en 2019), il est nécessaire d'interpréter cette évolution des taux standardisés de mortalité avec prudence. La courbe de tendance linéaire (en pointillés rouges) évoque une réduction de ce taux de mortalité standardisé entre 2011 (2,61 pour 100.000) et 2019 (1,82 pour 100.000).

**Chèque-service d'accueil (CSA) | Question 6244** (24/05/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Elteren, déi hir Kanner an eng Crèche oder Maison relais ginn, hu jee no hirem Akommes een Urecht op eng finanziell Ennerstützung vum Staat iwwert de Chèque-service accueil (CSA). A menger parlamentarescher Fro N° 6162 sinn ech schonns op d'Fro vun de Fonctionnementskäschtchen an de Maison-relais agaangen.

An deem Zusammenhang wëllt ech de Ministere fir Bildung an Interieur dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kanner profitéieren aktuell vum CSA? Wéi huet sech dës Zuel vun 2017 bis 2022 entwéckelt?

2. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 2419 vun der CSV aus dem Joer 2016 hat de Minister geäntwert, dass am September 2016 364 Contrats d'adhésion gemaach goufe fir Persounen, déi Netresident zu Lëtzebuerg sinn.

Wéi huet sech dës Zuel fir d'Joren 2017 bis 2022 entwéckelt, opgeschlüsselt no Joer an no Nopeschland?

3. Wéi hunn sech d'Gesamtkäschtchen fir de CSA tëschent 2017 an 2022 entwéckelt?

4. Kënnen d'Ministère mir eng Estimatioun ginn, op wéi vill Euro sech d'Fonctionnementskäschtchen vun enger Crèche am Duerchschnitt belafe  
– fir eng grouss Crèche (mat méi wéi 30 Kanner),  
– an enger klenger Crèche (manner wéi 30 Kanner)?

5. Wéi vill Euro leet de Staat an der Moyenne pro Kand an enger Crèche bäi (fir d'Joer 2021)?

**Réponse** (28/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Am Januar 2022 sinn 56.052 Kanner Bénéficiaires vum Chèque-service accueil (CSA). D'Zuel vun de Bénéficiaires ass am Laf vun de Jore reegelméisseg

an d'Luucht gaangen, ausser während der Covidzäit. Et waren der 46.682 am Januar 2017.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 2. Am Januar 2022 hunn 3.045 Bénéficiaire vum CSA an der Belsch (929), an Däitschland (306) oder a Frankräich (1.810) gewonnen. Dës Zuelen hunn sech zanter 2017 wéi folgend entwéckelt:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 3. D'Gesamtkäschtchen vun der Betreierung vun de Kanner hu sech zanter 2017 wéi folgend entwéckelt:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 4. Laut dem Joresdekong vun 2019 beleef sech de staatleche Käschtchenpunkt vun de Fonctionnementskäschtchen (Personal- a Fonctionnementskäschtchen) vun enger konventioneller Crèche (Betreiungs- a Bildungsstruktur vum Klengkandberäich) mat méi wéi 30 Kanner am Schnëtt op ongeféier 1,2 Milliounen Euro d'Joer.

Laut dem Joresdekong vun 2019 beleef sech de staatleche Käschtchenpunkt vun de Fonctionnementskäschtchen (Personal- a Fonctionnementskäschtchen) vun enger konventioneller Crèche (Betreiungs- a Bildungsstruktur vum Klengkandberäich) mat manner wéi 30 Kanner am Schnëtt op ongeféier 0,6 Milliounen Euro d'Joer.

ad 5. De staatleche Käschtchenpunkt vun enger Betreierungsplaz an enger Crèche (konventionell an net konventionell) läit am Schnëtt bei 14.381 Euro fir d'Joer 2019. Et ass ze bemerken, dass et sech hei ëm eng Moyenne vum konventionelle Secteur a vum net konventionelle Secteur handelt, wuel wëssend, dass een déi zwee Käschtchenpunkte net kann direkt matenee vergläichen, well jee weils aner Dispositiounen spillen, wéi zum Beispill de Kollektivvertrag CCT SAS, dee just am konventionelle Secteur applizéiert gëtt.

Déi komplett Chiffere vun 2021 kënnen momentan nach net geléiert ginn.

**Timbres postaux | Question 6252** (25/05/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

D'Postgesetz vun 2012 schreift net vir, dass d'Land op eise Bréiftimberer an Franséisch soll genannt ginn. Trotzdeem schéngt et kaum Timberer ze ginn, wou „Lëtzebuerg“ dropsteet. Dat ass bei eise Mënzchen a bei eise Pass anescht. Duerfir hunn ech dës Froen un eisen Här Wirtschafts- an eisen Här Schoulminister:

1. Wéi vill Bréiftimberer huet Lëtzebuerg, Sammlerserien ausgeholl, bis haut erausginn? Op wéi vill dovun ass den Numm vum Land drop, op Franséisch oder op Lëtzebuergesch? Wéi ass dat Verhältnis zënter dem Akraaftriede vum Sproochgesetz an der Aféierung vun enger Nationalsprooch?

2. A wéi enge Gremie kann d'Lëtzebuerg Regierung iwwer d'national Bréiftimberer mat decidéieren? Wat sinn d'Grënn, firwat eis Nationalsprooch net systematesch op eise Bréiftimberer gebraucht gëtt?

3. Wat ass d'Positioun vun der Lëtzebuerg Regierung? Wat déi vum Kommissär fir d'Lëtzebuerg Sprooch?

**Réponse** (28/06/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministère de l'Économie | **M. Claude Meisch**, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Zanter dem Joer 1852 si ronn 2.300 Käppercher opgeluecht ginn, an zanter 1859 steet ëmmer entweeder „Grand-Duché de Luxembourg“ oder „Luxembourg“ drop.

D'Regierung kann a kengem Gremium iwwert d'Bréier mat decidéieren, si huet déi komplett Responsabilitéit dem Comité philatélique iwwerdroen. De Comité philatélique, an deem Vertrieber vu POST, Historiker, Kënschtler an och Timbershändler vertruede sinn, leet de Programm vun den Emissiounen fest.

POST erkläert, dass d'Grënn, firwat déi Lëtzebuerg Sprooch net systematesch gebraucht gëtt, villfälteg sinn. Dacks hänkt et um Thema, un der internationaler Clientèle, un déi sech den Timber rëcht, oder un der Organisatioun, fir déi den Timber gemaach gëtt.

De Commissaire fir d'Lëtzebuerg Sprooch ass, op Nofro vun der Regierung, der Meenung, dass op den Timber „Lëtzebuerg“ soll dropstoen, well Lëtzebuergesch déi national Sprooch ass. Dat ass esou zanter dem Sproochgesetz vun 1984, an et gouf kierzlech an der Chamber gestëmmt, dass dës soll an d'Verfassung geschriwwen ginn. Well et awer och wichteg ass ze ënnersträichen, dass Lëtzebuerg méisproocheg ass a well et och am Ausland soll kloer sinn, aus wéi engem Land déi Timberer kommen, soll och „Luxembourg“ dropstoen. Franséisch ass déi legislativ Sprooch hei am Land an d'Schreifweis „Luxembourg“ ass déi selwecht am Engleschen, an dofir deene meeschte Leit op der Welt verständlech.

D'Regierung deelt d'Positioun vum Commissaire fir d'Lëtzebuerg Sprooch a plädéiert deemno d'fir, an Zukunft den Numm vum Land op Lëtzebuergesch an op Franséisch op d'Timberer ze schreiwen.

**Délai de prescription | Question 6296** (03/06/2022) de **M. Roy Reding** (ADR)

Zu Lëtzebuerg kënnen Verbräichen an der Reegel zéng Joer, nodeems se begaange goufen, net méi strafrechtlech verfollegt ginn. (Bei Verbräiche géint Mannerjäreger fänkt d'Verjärfungsfrist réischt un, wann de Betreffende groussjäreg ass.) Am Géigesaz beispillsweis zu Däitschland, wou Mord net verjährt, kënnen zu Lëtzebuerg presuméiert Mäerder also zéng Joer no hirer Dot net méi verurteelt ginn. Just Verbräiche géint d'Mënschlechkeet, Krichsverbräichen, Genozid asw. verjären net.

Onofhängeg dovun plangt d'Regierung ee Gesetz, dat schwéier Sexualstrofdote wéi Vergewaltigung als onverjährbar erkläert. Säit der Ofschafung vun der Doudesstraf ass Mord an eise Code pénal also reegelrecht „deklasséiert“ ginn, während schwéier Sexualdelikter an Zukunft op eng Stufe mat Genozid gestallt solle ginn. An engem Avis vum 3. Mäerz 2022 huet och d'Cour supérieure de justice op dës Diskrepanz higewisen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Justizminister:

1. Op wéi enge sachlechen Iwwerleeunge berout d'Virstellung vun der Regierung, dass Mord éischter verjäre soll wéi schwéier Sexualdelikter?

2. Den „droit à l'oubli“ huet zum Zil, de soziale Friden ze assuréieren a geet vum Prinzip aus, dass de gesellschaftlechen Impakt vun engem Verbräiche sech mat der Zäit estompéiert. Hei geet et also drëms, „al Wonnen net opzeräissen“. Dës Argument geet dervun aus, dass no enger gewësser Frist (déi vun der Gravitéit vum Verbräiche ofhänkt) keng Strofnoutwennegkeet méi besteet, eng Bestrofung also weeder aus general- nach aus spezialpreventive Grënn ubruecht ass. Kann d'Regierung preziséieren, ob si dervun ausgeet, dass dës „droit à l'oubli“ fir Mord, awer net fir schwéier Sexualdelikter gëlle soll.

3. De „pardon légal“ geet dervun aus, dass ee presuméierten Täter sech mat der Zäit annere kann an

<sup>3</sup> A. Latsuzbaia et al. Human papillomavirus vaccination coverage in Luxembourg – Implications of lowering and restricting target age groups. Vaccine 2018; 36:2411-6.

duerch säi Gewësse geläutert gëtt. Dëst Argument huet zum Zil, déi sozial Integratioun vum presuméierten Täter net ze gefäerdere, bezéiungsweis net réckgängig ze maachen. De „pardon légal“ baséiert op der Premiss, datt en Täter aus senger Feelerei léiert. Kann d'Regierung och hei preziséieren, ob si dervun ausgeet, datt de „pardon légal“ fir Mord, awer net fir schwéier Sexualdelikter gëlle soll?

**Réponse** (30/06/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

D'Situatioun vu mannerjäregen Affer vu sexueller Strofdote gëllt als eenzegaarteg, an dat aus diverse Grënn.

Als Éischt emol muss bemierkt ginn, dass Kanner besonnesch betraff si vun der sougenannter „loi du silence“. Oft braucht et Joerzëngten, bis se kënnen vun deene Gräuelen schwätzen, déi hinne widderfuere sinn. Dëst ass bedéngt duerch hire jonken Alter an déi traumatesch Aspekter, déi en Ugrëff op hir sexuell Integritéit duerstellt. Oft leiden d'Affer och un enger „amnésie traumatique“, déi och vun der WHO unerkannt ass an am DSM-5 (Diagnostic and Statistical Manual of Mental Disorders) an an der CIM-11 (Classification internationale des maladies) als „trouble de stress posttraumatique“ agestuft ass. Déi Amnésie huet als Resultat, dass dat traumatesch Erlebens aus der „mémoire consciente“ vum Affer verschwënnt.

Ausserdem ass et esou, datt dat mannerjäregt Affer oft eng „relation d'ascendance“ huet oder der Autoritéit vun enger Persoun ausgesat ass, déi och am Wee vun enger Denonciatioun oder enger Plainte ka stoen. D'Cratère vun der Vulnerabilitéit, bedéngt duerch d'Mannerjäregkeet vum Affer, esouwéi de „caractère sexuel“ vun der Strofdot, sinn also och ausschlaggebend, fir op de Wee vun der Imprescriptibilitéit vun dese Strofdoten ze goen.

D'Moosnamen an den neie Gesetzestexten hu keen onverhältnisméissegem Impakt op den „droit à un procès équitable“ oder den „droit à l'oubli“. D'Ophiewe vun de Verjürungsfristen verhënnert net, dass de Richter eng „action publique“ als irrecevable erkläert oder e Fräisproch schwätzt, wann duerch den Oflaf vun der Zäit net genuch Beweiser virleien oder konnte gesammelt ginn oder d'„droits de la défense“ net kënnen garantéiert ginn.

Et sief och nach präziséiert, dass e rezenten Arrêt vum belsche Verfassungsgericht vum 9. Juni 2022 festgehalten huet, dass d'Imprescriptibilitéit vu sexueller Strofdoten, déi op Kanner begaangen ginn, net géint den „droit à un procès équitable“ verstéisst. D'Verfassungsgericht insistéiert och dorop, dass den duebele Cratère, op deem d'Imprescriptibilitéit baséiert, de sexuelle Charakter vun der Strofdot an d'Mannerjäregkeet vum Affer objektiv a pertinent ass.

**Étude Eurostat concernant le nombre de titulaires d'un diplôme d'études supérieures dans l'Union européenne** | Question **6320** (09/06/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Dëst Joer waren 3.380 Schüler fir de Premièresexamen ageschriwwen. Laut dem Ministère louch den Taux de réussite fir d'Premièresexamen 2021 bei 76 %. En RTL-Artikel vum 24. Mee 2022 huet iwwert eng Eurostat-Etüd zu der Unzuel u Leit mat Unis- oder Héichschouldiplom bericht: Laut dëser Etüd huet Lëtzebuerg den héchsten Taux an Europa mat ronn 63 %. Et geet aus der Etüd net ervir, ob dës Persounen duerch eise Schoulsystem gaange sinn oder ob si eréischt spéider op Lëtzebuerg komm sinn.

An deem Zusammenhang wëllt ech dem Minister fir Héichschoul a Fuerschung dës Fro stellen:

1. Wéi vill Prozent vun de Schüler, déi an deene leschten zéng Joer hir Première gemaach hunn, hunn duerno beim CEDIES eng éischt Hëllef fir eng Unis- oder Héichschoulausbildung ugefrot?

2. Wéi vill Bachelordiplomer goufen an deene leschte fënnf Joer an de Registre des titres de formation ageschriwwen?

Wéi vill Masterdiplomer goufen an deene leschte fënnf Joer an de Registre des titres de formation ageschriwwen?

Wéi vill aner Héichschouldiplomer goufen an deene leschte fënnf Joer an de Registre des titres de formation ageschriwwen?

3. Kann de Minister ofschätzen, wéi vill Schüler aus dem Lëtzebuergeschen Schoulsystem Deel vun den 63 % an der Eurostat-Etüd sinn?

4. Huet de Minister Zuelen, wéi sech déi 63 % opgedeelt no Geschlecht presentéieren?

**Réponse** (29/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

Ech reagéieren op dem honorabelen Deputéierte seng Fro mat dese Prezisiounen:

ad 1. Am Kader vun der Demande fir eng Studiebaihëllef vum Lëtzebuergeschen Staat ass d'Origine vum Secondaireschoulschloss net relevant. An der Optik vun der Minimisiatioun vun der Kollekt vun Donnéeën ginn do wéinst déi Informatiounen net vum Ministère fir Héichschoul a Fuerschung erhuewen an ofgespäichert.

ad 2. An deene leschte fënnf Kalennerjoren (2017–2021) goufen, laut definitiven Zuelen, am Ganzen 9.465 auslännesch Héichschouldiplomer op den Niveau 6 vum lëtzebuergeschen Qualifikationskader (CLQ) alignéiert am Kader vun der Aschreiwung an de Registre des titres de formation, section de l'enseignement supérieur, woubäi sech den Detail pro Kalennerjoer follgendermoosse presentéiert:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

An deene leschte fënnf Kalennerjoren (2017–2021) goufen, laut definitiven Zuelen, am Ganzen 10.527 auslännesch Héichschouldiplomer op den Niveau 7 vum CLQ alignéiert am Kader vun der Aschreiwung an de Registre des titres de formation, section de l'enseignement supérieur, woubäi sech den Detail pro Kalennerjoer follgendermoosse presentéiert:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Nieft den Diplomer, déi op d'Niveau 6 a 7 vum CLQ alignéiert gi sinn, wat am Kader vum Bologna-Prozess den Niveau vum Bachelor a vum Master entsprécht, goufen an deene leschte fënnf Kalennerjoren (2017–2021), laut definitiven Zuelen, am Ganzen 1.809 auslännesch Diplomer op d'Niveau 5 an 8 vum CLQ alignéiert am Kader vun der Aschreiwung an de Registre des titres de formation, section de l'enseignement supérieur. Hei presentéiert den Detail pro Kalennerjoer sech follgendermoossen:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

ad 3. Déi vum honorabelen Deputéierten ugeschwaten Etüd baséiert op der Enquête „Labour Force Survey“ (vum Statec fir Eurostat erhuewen; <https://ec.europa.eu/eurostat/en/web/products-eurostat-news/-/DDN-20220524-2>), fir déi am benotzte Questionnaire kee Renseignement iwwert d'Origine vum Secondaireschoulschloss gefrot gouf. Och de Ministère fir Héichschoul a Fuerschung erhieft am Kader vu senger Prozedur keng Daten doriwwer.

ad 4. Laut den Donnéeën, déi vun Eurostat zur Disposition gestallt goufen (Link zu den Daten: <https://gd.lu/N7lv7>), deele sech déi 62,6 % vu Residenten, déi tëscht 25 a 34 Joer al sinn an een Héichschoulschloss hunn, follgendermoossen op: Vun de Fraen hunn 67,4 % een Héichschoulschloss a vun de Männer 58 %.

**Étude de mobilité en Sarre** | Question **6337** (13/06/2022) de **M. Dan Biancalana** (LSAP)

Le Gouvernement du Land de la Sarre a annoncé récemment de participer pour la première fois à grande échelle à l'étude « Mobilité in Deutschland ». Les résultats sont attendus pour décembre 2024. Étant donné que la Sarre ne disposait pas encore de données complètes et actualisées sur la mobilité, cette étude pourrait également être intéressante pour le Luxembourg, surtout puisque de nombreuses personnes empruntent régulièrement le trajet entre le Luxembourg et la Sarre, notamment pour les déplacements professionnels quotidiens.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) De quelle manière les résultats de l'étude peuvent-ils jouer pour le Luxembourg un rôle dans le centre de la planification du trafic transfrontalier ?

2) Existe-t-il des chiffres actualisés sur le nombre de navetteurs réguliers entre la Sarre et le Luxembourg ? Quelle est l'évolution des cinq dernières années ?

3) Existe-t-il à l'heure actuelle des plans visant à renforcer les transports publics avec la Sarre et en particulier avec Sarrebruck ?

**Réponse** (11/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

L'honorable Député Dan Biancalana formule des questions en relation avec l'étude « Mobilité in Deutschland » qui sera lancée en 2023 en Sarre et sur les relations de travailleurs entre le Luxembourg et la Sarre.

ad 1) L'enquête « Mobilité in Deutschland » est une grande enquête mobilité sur l'ensemble de l'Allemagne, similaire à Luxmobil, réalisée au Luxembourg en 2017. D'ailleurs, les dernières données disponibles concernant les comportements de mobilité des frontaliers de la Sarre vers le Luxembourg sont issues de l'enquête Luxmobil de 2017. Bien entendu, vue la dynamique économique et l'évolution de l'offre de transport au Luxembourg, une actualisation de la connaissance de ces comportements est essentielle. Aussi les résultats de l'enquête « Mobilité in Deutschland » permettront de mieux affiner la planification avec la Sarre. D'autant plus que le Conseil des ministres du Land de Sarre a décidé d'augmenter l'échantillon des ménages enquêtés à hauteur de 5.000 (contre 1.800 initialement prévu).

De plus, le Ministère de la Mobilité et des Travaux publics souhaite lancer une grande enquête mobilité dans les prochaines années. Ce type d'enquête permettrait d'actualiser les connaissances des comportements de mobilité à la fois des résidents et des frontaliers.

Enfin, dans le cadre des discussions actuelles avec les Länder de Sarre et de Rhénanie-Palatinat concernant le modèle MMUST, cette enquête est un élément essentiel pour faciliter une potentielle extension du modèle au versant allemand, et participe donc activement à mieux planifier l'offre de transport transfrontalier.

ad 2) Les données proviennent de l'Administration des contributions directes et de l'IGSS. Entre 2017 et



octobre 2021, le nombre de frontaliers de Sarre a augmenté en moyenne d'environ 4 % par an, passant de 8.500 à 9.800 navetteurs.

En ce qui concerne l'évolution du nombre total des usagers empruntant les lignes RGTR Luxembourg-Sarre, je me permets de fournir les chiffres et renseignements suivants :

Le recensement du nombre de voyageurs dans les bus s'effectue grâce à l'installation de compteurs automatiques de voyageurs (CAV) qui enregistrent les entrées et les sorties aux différents arrêts de bus. Étant donné que les bus qui circulent entre le Luxembourg et la Sarre ne sont pas encore tous équipés d'un CAV (uniquement les bus mis en circulation après 2018 en sont systématiquement équipés) je ne peux que donner une estimation concernant l'évolution du nombre de ces voyageurs.

Étant donné que les bus empruntant les trajets entre le Luxembourg et la Sarre n'étaient pas majoritairement équipés d'un CAV lors de la période 2017-2019, je me permets de vous fournir une comparaison entre les périodes du 01.06.2020-31.05.2021 au 01.06.2021-31.05.2022 pour les six lignes RGTR concernées par les trajets transfrontaliers entre le Luxembourg et la Sarre :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

ad 3) Avec la réorganisation RGTR, la cadence est augmentée sur presque l'ensemble des lignes transfrontalières entre la Sarre et le Luxembourg, toutes à destination de la ville de Luxembourg. La stratégie EOM (Entwicklungskonzept oberes Moseltal) propose également plusieurs projets de collaboration entre communes luxembourgeoises et allemandes dont notamment des hubs multimodaux dans la région frontalière.

#### Stations à hydrogène | Question 6338 (13/06/2022) de M. Paul Galles (CSV)

Säit laanger Zäit gëtt op ënnerschiddleche Sitten eng Waasserstofftankstell geplangt. Bis ewell ass dës Iddi awer nach net ëmgéset ginn. Sou sinn d'Ministerei zum Beispill an der parlamentarescher Fro N° 5607 vum 28. Januar 2022 op dat Thema agaangen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un de Här Energieminister an de Mobilitéitsminister stellen:

– Wéini soll d'Waasserstofftankstell fäerdeggestallt ginn? Ass de Site elo definitiv a goufen deementsprechend Verträge schon ënnerschriwwen?

**Réponse** (12/08/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

Den zréckbehalene Site, wou dës éischt Waasserstoff-tankstell Enn des Joers a Betrib wäert goen, ass de Site vum Multimodal zu Beatebuerg. No der Summer-vakanz ass eng Pressekonferenz mam Bedreiwerg geplangt, wou weider Detailler wäerte virgestallt ginn.

#### Port franc | Question 6346 (14/06/2022) de M. Laurent Mosar (CSV)

Constituée en juillet 2012 pour gérer et exploiter le Port franc situé dans l'enclave aéroportuaire Luxembourg-Findel, la société « The Luxembourg Freeport Management Company SA », entre-temps rebaptisée « The Luxembourg High Security Hub – Management Company » (LHSH), n'a jamais réellement su décoller et ce malgré les apaisements de l'ancien Ministre de l'Économie renvoyant encore en 2015 au bon fonctionnement du Port franc.

De même, le Gouvernement entendait, de manière proactive, renforcer la zone franche en la dotant d'un régime efficace en matière de lutte contre le blanchiment et le financement du terrorisme. Il s'agissait de faire en sorte que la clientèle internationale ait la confiance nécessaire pour recourir aux services de la zone franche, l'ambition étant d'y établir un « art cluster ».

Malgré donc le support gouvernemental durant toutes ces années, LHSH a accumulé depuis son lancement des pertes de quelque 8,6 millions d'euros (chiffres extraits des derniers comptes annuels publiés au Recueil électronique des sociétés et associations).

S'y ajoute que le réviseur d'entreprises agréé de LHSH se dit dans l'impossibilité d'exprimer une opinion sur les comptes annuels, alors qu'il existe des incertitudes significatives sur la capacité de [LHSH] à poursuivre son activité sur base de continuité d'exploitation ». Ce dernier précise qu'il n'a pas été en mesure « d'obtenir suffisamment d'éléments probants pour conclure quant au caractère recouvrable d'une part des créances sur ventes et prestations de services pour un montant de 2.864.322,56 euros sur un total de 3.065.885,59 euros au 31 décembre 2020 ». Selon les comptes annuels 2020, il s'agirait de loyers payés par les locataires sur le compte bancaire de Luxembourg High Security Hub – Real Estate (LHSH RE).

La prédite « impossibilité d'exprimer une opinion » avancée par le réviseur d'entreprises agréé se retrouve dans les comptes annuels de LHSH RE et de Luxembourg High Security Hub – Holding (LHSH H) pour d'autres motifs.

Notons au demeurant que LHSH dispose de créances sur des entreprises liées, en l'occurrence LHSH RE, d'environ 8,5 millions d'euros. En même temps, LHSH a des dettes à hauteur de 17,3 millions à l'égard d'entreprises liées consistant en des loyers dus pour la mise à disposition du bâtiment « Le Freeport » au titre des exercices 2015 à 2020. Notons également que le groupe a une dette envers un consortium de banques luxembourgeoises de plus de 27 millions d'euros.

La presse a enfin relayé l'information que le LHSH aurait dans le cadre des mesures restrictives décidées à l'égard du régime russe bloqué des biens pour une valeur totale de plus 210 millions d'euros.

Au vu de ce qui précède, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances et à Monsieur le Ministre de la Mobilité :

– Comment Madame la Ministre entrevoit-elle la tenue financière du groupe LHSH et l'avenir du Port franc ? Existe-t-il un risque financier important pour des établissements de crédit luxembourgeois ayant consenti un prêt audit groupe ?

– Combien d'opérateurs disposent actuellement d'un agrément de la part de l'Administration des douanes et accises ? Combien de recettes fiscales ont été générées par la sortie de biens depuis la création du Port franc ?

– Le Gouvernement est-il toujours convaincu du bon fonctionnement du Port Franc ?

• Dans l'affirmative, le Gouvernement entend-il d'une manière ou d'une autre apporter son soutien audit Port Franc ?

• Toujours dans l'affirmative, via quels moyens ?

• Dans la négative, est-ce que le Gouvernement pense qu'il serait judicieux de diversifier les activités du groupe LHSH pour redresser la situation financière ?

– Madame la Ministre peut-elle me renseigner sur la valeur globale de biens stockée au sein du Port franc ?

– Monsieur le Ministre peut-il me renseigner sur les modalités de « terminaison » du droit superficiaire consenti par lux-Airport à LHSH RE ? La société LHSH RE a-t-elle toujours honoré ses obligations de paiement des indemnités annuelles au profit de lux-Airport ?

– Le Gouvernement estime-t-il que la situation actuelle du Port Franc affecte la réputation du Luxembourg ?

**Réponse** (09/08/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Il semble opportun d'emblée de rappeler les réponses déjà fournies au sujet du « The Luxembourg High Security Hub – Management Company » (LHSH) dans la question parlementaire n° 2630 du 12 décembre 2016.

Comme indiqué dans la réponse à la question parlementaire citée ci-avant, il n'appartient pas au Ministre des Finances de commenter la tenue financière d'une société privée dans laquelle l'État n'a aucune participation, ni d'ailleurs sur le fonds de commerce de sociétés privées, en l'occurrence la valeur globale de biens stockée au sein du LHSH.

À l'heure actuelle, cinq opérateurs disposent d'un agrément délivré par l'Administration des douanes et accises.

Au regard du secret fiscal, il n'est pas possible de fournir des chiffres quant aux recettes fiscales générées par lesdites sociétés ou l'exploitant du LHSH.

Le droit de superficie a été signé le 26 octobre 2012 pour une durée de 30 ans. Le droit expire au terme de cette période. Outre les événements précisés à l'article 14-10 de la loi du 22 octobre 2008 portant promotion de l'habitat et création d'un pacte logement avec les communes ayant pour conséquence la fin du droit de superficie, il expire également avant terme :

– « Par la résiliation, avant terme, par lux-Airport pour cause de non-respect des conditions d'activités ou de toutes autres conditions ou engagements prévus par le présent acte.

– Par la rétrocession volontaire, avant terme, du droit de superficie par Freeport à lux-Airport.

– Dans l'hypothèse où le superficiaire passe un acte d'aliénation auquel l'État et lux-Airport n'ont pas donné leur accord préalable par écrit, lux-Airport peut procéder à la résiliation avant terme du droit de superficie avec effet rétroactif au jour de la passation de l'acte concerné.

– De même, lux-Airport peut résilier avant terme le droit de superficie si le superficiaire procède à une concession de droits réels sans avoir obtenu l'accord préalable et écrit de l'État et de lux-Airport. »

En ce qui concerne la comptabilité clients d'une société commerciale de droit privé, le Gouvernement estime qu'il ne lui appartient pas de divulguer l'historique de paiement d'un quelconque débiteur individuel.

S'agissant du niveau de diversification de plus en plus poussé de l'économie luxembourgeoise, celle-ci n'est pas susceptible d'être impactée par le développement plus ou moins favorable d'une seule société donnée.

#### Rapport concernant la politique en matière de lutte contre le réchauffement climatique | Question 6373 (20/06/2022) de Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)

Lors des débats sur la loi du 15 décembre 2020 relative au climat le 8 décembre 2020 à la Chambre des Députés, une motion introduite par la sensibilité politique déi Lénk a été votée (avec 56 voix pour) demandant la présentation annuelle à la Chambre des Députés d'un

rapport concernant la politique en matière de lutte contre le réchauffement climatique.

Cette motion rejoignait et précisait une autre motion introduite par les fractions parlementaires de la majorité gouvernementale lors de la même séance plénière qui demandait e. a. un bilan annuel des mesures prises en faveur de la lutte contre le réchauffement climatique.

Pourtant, 18 mois après ces décisions prises par la Chambre des Députés, force est de constater qu'aucun rapport correspondant aux textes votés a été présenté aux députés.

Partant je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

1) Comment Madame la Ministre explique-t-elle que de tels rapports n'ont jusqu'à présent pas été présentés à la Chambre des Députés ?

2) Madame la Ministre n'estime-t-elle pas que la lutte contre le réchauffement climatique devrait faire l'objet d'une (ré)évaluation régulière par le pouvoir législatif et ceci sur base de données scientifiques actualisées et de paramètres économiques et financiers pertinents, tel qu'il a été demandé dans la motion en question ?

3) Madame la Ministre n'est-elle par ailleurs pas d'avis que l'importance de la lutte contre le réchauffement climatique et l'envergure ainsi que l'urgence des mesures à prendre dans ce contexte nécessitent un large débat démocratique dont un débat annuel à la Chambre des Députés ?

4) Les rapports tels que demandés par les motions en question sont-ils en préparation ? Dans l'affirmative, dans quels délais pourront-ils être présentés et débattus à la Chambre des Députés ?

**Réponse** (12/08/2022) de **Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1) En automne 2021, la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, Carole Dieschbourg, et le Ministre de l'Énergie, Claude Turmes, avaient présenté lors d'une conférence de presse un état des lieux de la politique climatique et énergétique du Luxembourg. Bien que cet état des lieux n'ait pas fait l'objet d'une présentation spécifique à la Chambre des Députés, la documentation y relative reste accessible sur le site Internet du Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable. (<https://environnement.public.lu/fr/actualites/2021/10/klimaenergie-etat-des-lieux.html>)

ad 2) Conformément aux dispositions du règlement grand-ducal du 22 juin 2022 déterminant les allocations d'émissions de gaz à effet de serre annuelles pour la période allant jusqu'au 31 décembre 2030 des secteurs visés à l'article 5 de la loi modifiée du 15 décembre 2020 relative au climat, le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable a publié fin juillet 2022 le bilan provisoire des émissions de gaz à effet de serre de l'année 2021 attribuées au Luxembourg au titre du règlement (UE) 2018/842.

De plus, le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, ensemble avec le Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire, élaborera d'ici début octobre 2022 une mise à jour de l'état des lieux de la politique climatique et énergétique du Luxembourg.

Il est prévu de présenter les deux documents début octobre à la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire.

S'y ajoute que l'Observatoire de la politique climatique, instauré par la loi modifiée du 15 décembre 2020 relative au climat pour entre autres évaluer scientifiquement les mesures réalisées ou envisagées en matière de politique climatique, prévoit d'adresser au Gouvernement son premier rapport annuel sur la mise en œuvre de la politique climatique au début de l'automne.

ad 3) Il est incontesté que la lutte contre le réchauffement global requiert le concours de l'ensemble des acteurs de la société. Un large débat démocratique, d'ailleurs ancré dans la loi modifiée du 15 décembre 2020 relative au climat, est certainement de mise. C'est ainsi que la plateforme pour l'action climat et la transition énergétique, forum de discussion sur le climat réunissant des représentants des communes, d'organisations de la société civile, du monde des entreprises, des investisseurs et d'autres parties prenantes concernées ainsi que du grand public, sera invitée à émettre des avis relatifs à la politique nationale climatique. De plus, la plateforme climat participera à l'élaboration de l'avant-projet de plan national intégré en matière d'énergie et de climat.

Par ailleurs, début octobre les recommandations issues du « Klima-Biergerrot » feront également l'objet d'une série d'échanges de vues avec les différentes commissions de la Chambre des Députés.

ad 4) Il est fait référence à la réponse à la question numéro 2 ci-dessus.

**Impact de la crise sanitaire sur le taux d'obésité chez les enfants** | Question 6375 (20/06/2022) de **Mme Josée Lorsché** | **M. Marc Hansen** (déli gréng)

Dans les pays voisins du Luxembourg, des recherches ont montré que l'obésité infantile a augmenté depuis le début de la crise sanitaire. En Allemagne, scientifiques et médecins craignent une véritable pandémie imminente d'obésité. Selon un sondage représentatif de la « Deutsche Adipositas-Gesellschaft (DAG) » et du « Else Kröner-Fresenius-Zentrum (EKfZ) für Ernährungsmedizin, 1 enfant sur 6 y aurait pris du poids pendant la pandémie, et même 1 enfant sur 3 dans la catégorie d'âge des 10 à 12 ans. Le manque d'activité physique et l'augmentation de la consommation d'aliments sucrés durant les épisodes de confinement, et surtout la consolidation de ces habitudes après la fin des confinements, sont considérés comme les principales raisons pour expliquer cette augmentation inédite. Les données recueillies en Allemagne montrent également que les enfants issus de familles socioéconomiquement faibles sont deux fois plus concernés par cette évolution.

Il va sans dire que l'obésité est un facteur de risque majeur pour certaines maladies chroniques, comme le diabète, l'hypertension artérielle et les maladies cardiovasculaires. Outre les risques élevés pour la santé, les enfants en particulier subissent déjà aujourd'hui les effets de leur obésité, notamment les difficultés respiratoires, un risque accru de fractures et des problèmes psychologiques.

Dans cet ordre des idées, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Quelle a été l'évolution du nombre de personnes obèses, et en particulier d'enfants obèses, au cours des cinq dernières années ?

2) Quelle est cette évolution depuis le début du premier épisode de confinement en mars 2020 ?

3) Quelles mesures sont préconisées afin de contre-carrer une éventuelle tendance à la hausse du taux

d'obésité et afin de favoriser une alimentation saine et plus d'activité physique chez les enfants ?

4) Est-ce que Madame la Ministre soutient l'introduction d'une taxe sur les aliments sucrés dans ce contexte, idée déjà lancée par la Ministre de la Santé en 2017 ?

**Réponse** (02/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. Georges Engel**, Ministre des Sports

L'étude EHIS concernant l'obésité, la nutrition et l'activité physique au Grand-Duché de Luxembourg (GDL), conduite en 2014 et 2019 sur un échantillon de la population adulte supérieure à 18 ans, permet par auto-déclaration de poids/taille d'avoir un aperçu de l'évolution de l'obésité.

En comparaison avec les années entre 2014 et 2019, la proportion d'obésité avait déjà augmenté au Luxembourg et ce, pour toutes les tranches d'âge à l'exception des 35-44 ans et des 75 ans et plus, sans pour autant être significative. En 2019, la proportion d'obésité était significativement plus élevée chez les hommes (18,4 %) que chez les femmes (16,6 %). La prochaine étude pour les années 2019 à 2024 est prévue en 2025.

Concernant la population des enfants et des adolescents, une tendance croissante du surpoids et de l'obésité a déjà été observée avant la pandémie et le confinement de mars 2020. Selon les données récoltées suite aux visites médico-scolaires dans les années précédant le début du confinement, l'obésité est en augmentation chez les plus de 12 ans (4 % des élèves examinés en 2015-2016 vs 7,48 % en 2019-2020), avec cependant une stabilité chez les enfants de 4 à 11 ans (4,9 % des élèves examinés en 2015-2016 vs 4,37 % en 2019/2020). Cependant on note un nombre croissant d'enfants en surpoids durant les cinq années précédant la pandémie: 16,4% des élèves de 9-10 ans accusaient un surpoids en 2019-2020 et 10,2 % en 2015-2016.

ad 2) Les données concernant l'évolution des taux d'obésité postconfinement ne sont actuellement pas encore disponibles suite à la suspension des activités de la médecine scolaire en 2020-2021. Une première estimation pourra être faite dans le courant de cet été suite à la fin de l'année scolaire.

ad 3) Pour faire face à cette problématique, les Ministères de la Santé, des Sports, de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, de la Famille, de l'Intégration et de la Grande Région ont renouvelé en 2018 leur collaboration en officialisant le programme „Gesond iessen, Méi beweegen“ (GIMB) dans un plan-cadre national GIMB 2018-2025 visant la promotion de l'alimentation équilibrée et l'activité physique régulière afin de lutter contre la problématique de l'obésité et de la sédentarité pour l'ensemble de la population. Il peut être consulté sous le lien suivant : <https://gimb.public.lu/damassets/publications/2018/plan-cadre-national-gimb-2018-2025-accessible.pdf>.

Par ailleurs, des campagnes de promotion de la santé et des actions de prévention sont organisées conjointement en dehors de l'école avec la collaboration d'associations ainsi qu'avec les établissements scolaires afin de mettre l'accent sur les bonnes habitudes à adopter dès le plus jeune âge.

Au niveau de l'enseignement fondamental, de nombreuses initiatives en faveur de la sensibilisation à un mode de vie sain et à l'activité physique et sportive sont offertes. À titre d'exemple, on peut citer les projets Bicycool, Clever Move ou encore l'organisation



annuelle du Schoulsportdag dans de nombreuses écoles. Des matériels didactiques en relation avec ces projets (Fit a monter – d'Beweegungskëscht, Praxisband « Ballschoul Lëtzebuerg – Beweegungsunterricht am C2-C4 », etc.) sont édités par le SCRIPT en étroite collaboration avec l'ENEPS.

Finalement, de multiples actions en faveur de la promotion de la motricité des enfants entre 0 et 12 ans sont menées par les différents acteurs intervenant dans l'activité physique et sportive, la motricité et l'éducation au mouvement des plus jeunes.

ad 4) La taxe sur les aliments sucrés est une solution envisagée par de nombreux États européens, dont la taxation de l'industrie des boissons sucrées, forçant les producteurs à revoir le taux de sucre dans la composition de certaines boissons par exemple. Différentes approches en la matière sont actuellement à l'étude afin d'analyser leur transposabilité utile dans le contexte luxembourgeois. Au Luxembourg la plupart des produits proviennent en effet des pays limitrophes, de sorte qu'une démarche isolée doit être bien réfléchie.

## Sécurité au travail | Question 6376 (20/06/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Den 10. Juni kouw et zu engem trageschen Aarbechtsaccident, bei deem ee Mann vu 55 Joer säi Liewen huet misse loosse. Aarbechtsaccidenter mat déidleche Follge sinn zu Lëtzebuerg opgrond vun eiser Gréisst seelen, mee leider eng Realitéit.

An deem Zesummenhang wëllt ech de Ministere fir Aarbecht a Sozialversécherung dës Froe stellen:

1. 2019 waren eng 29 Inspecteurs du travail bei der ITM agestellt. 2021 ass bis op 96 Inspekteren eropgeschrafft ginn.

Denkt de Minister, dass et weider Inspektoren braucht, oder sollt eisichter gekuckt ginn, fir d'Aarbecht vun den Inspektoren weider un den Terrain unzepassen, fir hir Aarbechtszäit esou effektiv ewéi méiglech ze notzen?

2. Wat fir weider Schrëtt sinn an den Ae vum Minister nach méiglech, fir d'Unzuel un déidlechen Aarbechtsaccidenter weider Richtung null ze drécken?

3. Am Rapport vun 2019 vun der Association d'assurance accident kann een Zuele vun den déidlechen Aarbechtsaccidenter tëscht 2013 an 2019 noliessen. Hei kouw et 2019 zu 16 Doudesfäll, dovunner 10 op der Aarbechtsplaz, 4 als Accident de trajet an 2 weinst Maladie professionnelle. Am Rapport vun der ITM vun 2019 liest ee vun „nëmmen“ 9 déidlechen Accidenter. Wann een d'Zuele vun 2020 kuckt, schwätzt d'AAA vu 7 déidlechen Accidenter op der Aarbechtsplaz, d'ITM kënn nëmmen op 4. Dës sinn nëmmen zwee Beispiller, wou d'Zuelen net iwwerteneestëmmen. Wéi erklären sech d'Ministère dës ënnerschiddlech Zuelen?

**Réponse (08/08/2022) de M. Georges Engel, Ministere du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | M. Claude Haagen, Ministere de la Sécurité sociale**

ad 1. D'Hauptmissioun vun der ITM ass et ze kucken, dass d'Reegele bezüglech den Aarbechtsbedéngungen, deene vun der Sécherheet an der Gesondheet op der Aarbecht an deene vun den Établissements classés (Commodo-Incommodo) agehale ginn. Nieft dëser Hauptmissioun huet d'ITM och nach vill aner Matière ze couvriieren, wéi zum Beispill de Seveso, d'Tunnellen, d'Minnen, den Harcèlement, de Sozialdialog, d'Beschäftegung vun den Net-EU-Bierger, d'Sozialwälen, d'Aarbechtsaccidenter asw.

An all dëse Matière mécht d'ITM reegelméisseg Kontrollen a steet den Employeuren an de Salariée berodend zur Säit.

Enn 2021 hat d'ITM am Ganze 96 Aarbechtsinspektoren, dovunner waren der 69 um Terrain aktiv a 27, déi net um Terrain aktiv waren, mee déi haaptsächlech mam Ausstelle vun de Commodo-Autorisatione beschäftegt waren. Dowéinst ass et wichteg, och an der Zukunft weider Aarbechtsinspektoren ze rekrutieren.

Ze bemerken ass, dass d'ITM kontinuierlech amgaangen ass, d'Aarbecht vun den Aarbechtsinspektoren nach méi un den Terrain kënnen unzepassen, fir hir Aarbechtszäit esou effektiv ewéi méiglech kënnen ze notzen. Dës geschitt ënner anerem duerch d'Formationen, déi d'Aarbechtsinspektoren musse matmaachen, duerch nei Prozeduren, déi agefouert ginn, an duerch d'Kreatioun vun neie Programmer, Modeller vu Bréiwer a Checklëschten, déi den Aarbechtsinspektoren zur Verfügung gestallt ginn.

ad 2. Fir d'Unzuel vun den déidlechen an net déidlechen Aarbechtsaccidenter weider Richtung null ze drécken, muss och weiderhin an d'Formation, d'Prevention an och d'Kontrollen um Terrain gesat ginn. Dobäi ass et wichteg, dass all déi concernéiert Acteuren zesummen déi Defien uginn an zwar duerch eng concertéiert Strategie.

An deem Kontext ass d'Association d'assurance accident (AAA) amgaangen, déi zweet Phas vun der „Vision Zero“ fir 2023–2030 ze preparieren.

Fir déi nächst Phas si folgend Hauptobjektiver viséiert:

– Eng Diminutioun vun 20 % um nationale Frequenztaux, all d'Secteur kombinéiert, vun Aarbechtsaccidenter am Verglach zum Joer 2019 (3,73 %), andeems e speziellen Effort op Héichrisiko-Secteur gerichtet gëtt duerch d'Ëmsetzung vun enger Rei vu méi geziilt Aktiounen;

– Kontinuierleche Réckgang vun der Unzuel u schwéieren an déidlechen Accidenter.

ad 3. Folgend déidlech Aarbechtsaccidenter sinn an deene leschte fënnf Joer vun der Association d'assurance accident (AAA) a vun der ITM enregistreiert ginn:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Den Ënnerschied tëschent den déidlechen Aarbechtsaccidenter, déi vun der AAA an deenen, déi vun der ITM enregistreiert ginn, ass op d'Deklaratiounen, déi vun den Employeuren bei deenen zwou Verwaltungen gemaach ginn, zeréckzuféieren.

Et ass och esou, dass verschidden déidlech Aarbechtsaccidenter, déi bei der AAA deklariert ginn, duerch e Malaise entstanne sinn oder Leit betraff hunn, déi beim Staat schaffen an doduerch net bei der ITM deklariert gi sinn.

Ze bemerken ass och, dass d'AAA fir d'Leeschtungen am Fall vun engem Aarbechtsaccident opkënn an dass den Employeur dowéinst seng Deklaratioun ëmmer bei der AAA mécht, awer d'ITM net ëmmer dräiwer informéiert, obwuel dat am Artikel L. 614-11 vum Aarbechtsgesetzbuch virgesinn ass.

Et ass virgesinn, fir deem entgéintzewierke mat der Schafung vun enger eenzeger Deklaratioun, déi vum Employeur op enger vum Staat securiséierter elektronischer Plattform fir dës zwou Verwaltungen ze maachen ass.

## Plages du lac de la Haute-Sûre | Question 6378 (21/06/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Bedéngt duerch déi aussergewöhnlech héich Temperature vu leschem Weekend hu ganz vill Leit Ofkilling an

de Schwämme respektiv eise Badegewässer gesicht. Virun allem um Stauséi war de Samschden den Undrang esou grouss, dass d'Plagen all iwwerfëllt an d'Parkingen an d'Opfarparkingen iwwerlaascht waren. Dowéinst sinn d'Zoufaartstroosse gespaart ginn an d'Police huet missen op d'Plaz kommen, fir sech ëm de Verkéier an d'Falschparker ze këmmen. Verschidde huten esouguer Rettungsweeër an och een Asazcenter vun de Pompjeeën zougeparkt.

Laut Aussoe vum Buergermeeschter vun Esch-Sauer wier d'Police samschdes komplett ënnerbesat gewiescht, fir dës Masse vu Leit an Autoe Meeschter ze ginn. No Récksprooch mam Här Minister fir bannenzeg Sécherheet wier d'Situatioun um Sonnden eng besser gewiescht.

Nieft de staarke Park-, Verkéiers- an domadder verbonnene Sécherheetsproblemer ass awer vill Offall a Knascht vun de Leit iwwert de Weekend leie gelooss ginn. Dësen Dreck muss vun de Stauséigemengen entsuergt ginn, obwuel d'Plagë ronderëm de Stauséi praktesch zu 100 % dem Staat gehéieren. Well d'Gemengen awer fir d'Sécherheet an d'Propretéit op deene Plagë responsabel sinn, hu si am Summer zousätzlech Käschten ze stemmen, déi déi verschidde Gemengebudgeten zousätzlech belastschen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir Tourismus an den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet stellen.

1. Kann den Här Policeminister d'Informatiounen confirmieren, dass virun allem de Samschden net genuch Police op der Plaz war?

2. Ass fir d'Zukunft garantéiert, dass bei waarem Wieder genuch Police sur place ass, fir d'Sécherheet ronderëm de Stau ze garantieren?

3. Huet d'Regierung wëlles, de Gemenge ronderëm de Stau finanziell ze hëllefen, fir d'Sécherheet an d'Propretéit ze garantieren, wëssend, dass de Stau als Drénkwaasserreservoir an Noerhuelungsgebit mat senger Plagë vun nationaler Bedeitung ass?

**Réponse (01/08/2022) de M. Henri Kox, Ministere de la Sécurité intérieure | M. Claude Turmes, Ministere de l'Aménagement du territoire**

ad 1. Bedéngt duerch deen aussergewöhnlechen Undrang vu Leit bei de Badegewässer am Norde vum Land huet de Minister Henri Kox mam Buergermeeschter vun Esch-Sauer, dem Här Marco Schank, e Samschdeg den 18. Juni perséinlech geschwat, fir mat him zesummen de Point ze maache vun der Situatioun.

Den Dispositif vun der Police am Kontext mam Stauséi ass iwwert déi lescht Joren zesumme mat alle Verantwortlechen ofgeschwat a fir gutt befonnt ginn. Ënnert deene Verantwortleche sinn och déi lokal Buergermeeschteren, déi geméiss dem Gemengegesetz responsabel fir den Ordre public op hirem Territoire sinn.

ad 2. D'Sécherheet ass eng gedeelte Responsabilitéit. De Sécherheetsproblem am Fall vum Stauséi kann nëmmen ugaange ginn, wa jidderee sech senger Verantwortung bewusst ass a se och wouer hält.

D'Police wäert weiderhin hiren Deel bäidroen. Duerch eng verstärkt Zesummenaarbecht a Concertatioun mat de lokale Responsabele wäert dee gemeinschaftlechen Effort and Friichten droen.

ad 3. Säit 2021 huet den Naturpark Uewersauer e Ranger agestellt als Ënnerstützung fir d'Gemengen an als Usprichpartner fir d'Visiteure vun de Plagen. De Ranger gëtt zu 70 % iwwert de Budget vum Departement vun der Landesplanung bezuelt. Seng Aufgab ass et

ënner anerem, d'Leit iwwert d'Wichtigkeet vum Stauséi fir eis Drénkwaasserversuerung an iwwert den Naturschutz ze informéieren. Ausserdeem soll hien d'Leit drop opmierksam maachen, wa se géint d'Reegele ronderëm de Stauséi verstoussen (z. B. Grillen op net erlaabte Plazen, wëll campéieren, haart Musek, illegal Entsuerung vun Offall etc.).

**Plages du lac de la Haute-Sûre | Question 6382**  
(21/06/2022) de **M. Carlo Weber** (LSAP)

Le week-end dernier, la région du lac de la Haute-Sûre a été envahie par les baigneurs. Les températures élevées ont poussé un tel nombre de personnes vers l'eau que la police a dû temporairement réguler le trafic et s'occuper des voitures mal garées. Malheureusement, de nombreux visiteurs ont laissé derrière eux des déchets abandonnés en pleine nature.

Dans ce contexte, je souhaiterais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

1) Quel est le poids des déchets collectés à la fin de ce week-end et quel est le coût du nettoyage ?

2) Des contrôles ont-ils été effectués sur le site autour du lac de la Haute-Sûre et, si oui, des amendes ont-elles été délivrées aux pollueurs ?

3) Cette année, le système de réservation en ligne a été supprimé. Celui-ci avait permis de réguler le nombre de visiteurs. Désormais, on mise sur un concept de places de parking gratuites, de navettes en bus et sur une charte de bonne conduite. Cette nouvelle approche permet-elle de limiter le nombre de visiteurs du lac ? Si oui, cette limitation est-elle suffisante compte tenu des débordements du week-end dernier ? Dans ce contexte, j'aimerais également savoir si l'on envisage à nouveau de réintroduire le système de réservation en ligne.

**Réponse** (12/08/2022) de **Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Aménagement du territoire | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) La brigade d'Esch-sur-Sûre de la Division des ouvrages d'art de l'Administration des ponts et chaussées a récupéré un total d'environ 6.100 kg de déchets ménagers à l'issue du weekend du 18 et 19 juin 2022. La mise en décharge desdits déchets a coûté 1.240 €.

Il est à préciser que les débordements du week-end qui ont entraîné des kilomètres d'embouteillages n'ont pas eu d'impact significatif sur le poids des déchets ramassés sur la chaussée en ces lieux.

ad 2) Le ranger du Parc naturel de la Haute-Sûre était présent sur les plages, cependant il n'a pas de pouvoir de contrôle, mais sensibilise et informe les visiteurs des différents comportements à adopter.

Toutefois, l'Administration des ponts et chaussées peut, de son côté, dresser des procès-verbaux, mais seulement en cas de dégâts causés à la voirie de l'État ou à ses dépendances.

À l'instar des années précédentes, la Police grand-ducale marque toujours une présence renforcée dans la région du lac de la Haute-Sûre durant la période estivale, lors de journées de grande affluence.

Il s'agit en l'occurrence d'un dispositif policier réparti sur la journée et permettant d'assurer :

– surtout le matin une présence renforcée sur les voies d'accès et les parkings ;

– durant toute la journée des contrôles de la circulation et des contrôles dans la zone de protection I qui s'étend du mur du barrage jusqu'à l'entrée de la localité de Lultzhausen ;

– durant la journée et la soirée une présence préventive sur les plages ;

– à chaque moment une réactivité accrue en cas d'incidents ou de problèmes liés au maintien de l'ordre public.

Hormis les infractions au Code de la route, la Police grand-ducale a dressé 24 procès-verbaux pour diverses infractions aux règlements spécifiques à la zone du lac de la Haute-Sûre.

ad 3) La réservation des places sur les plages a été mise en place pendant les années 2020 et 2021 pour limiter le nombre de visiteurs lors de la pandémie Covid-19. Plusieurs problèmes ont été constatés avec le système de réservation en ligne :

– quelques personnes ont réservé beaucoup plus de tickets que nécessaire ;

– les tickets doivent être contrôlés à l'entrée aux plages. Or, les plages du lac de la Haute-Sûre ne peuvent pas être clôturées. Il existe des accès multiples aux plages à travers la forêt – ainsi, il n'est pas possible de contrôler le flux des visiteurs. En outre, il est assez coûteux d'engager du personnel pour contrôler les tickets.

Plusieurs parkings sont disponibles pour les visiteurs des plages. La commune d'Esch-sur-Sûre a introduit un système de management des parkings avec des barrières et compteurs. Les parkings proches du lac sont payants (3 €/heure) tandis que les parkings plus éloignés des plages sont gratuits. Une navette gratuite est mise à disposition des visiteurs par la commune. Il est prévu d'installer prochainement un panneau digital près de la route nationale avec indication en temps réel des parkings libres. Ceci permettra de réguler davantage le flux des voitures et d'éviter du trafic superflu dans les villages avoisinants des plages.

À mentionner que l'ORT Éislek et le Parc naturel de la Haute-Sûre travaillent sur un concept de tourisme spécifique pour les alentours du lac. Une première ébauche de ce concept sera présentée en automne 2022.

**Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé | Question 6398**  
(22/06/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

Le Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé a été mis en place en 2015. Le service assume une mission d'information, de médiation et de prévention de conflits, axée sur la relation entre le patient, son entourage et les prestataires de soins de santé.

L'activité du service a été fortement marquée par la pandémie et l'activité en présentiel a été suspendue et remplacée par des contacts en ligne.

1) J'aimerais dès lors savoir de Madame la Ministre de la Santé si le Service de médiation a pu reprendre son activité en présentiel.

2) Comme le dernier rapport du service couvre l'année 2020, j'aimerais savoir quand le rapport 2021 sera disponible et endéans quels délais il sera présenté.

3) Quel est l'état d'avancement du projet de création d'un « fonds d'indemnisation sans faute » qui pourrait compléter d'une manière significative le Service de médiation ?

**Réponse** (20/07/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) Dès la première phase de confinement en mars 2020, le Service national d'information et de

médiation dans le domaine de la santé a arrêté son activité en présentiel. En même temps, tel que le souligne l'honorable Député, le service est resté disponible par voie téléphonique et par voie électronique avec la mise en place d'outils de conférence en ligne.

En phase avec le déconfinement, le service a progressivement assuré une présence physique dans nos locaux. Des réunions en présentiel ont de nouveau eu lieu dans le respect des règles sanitaires à partir de septembre 2020.

En même temps, de juillet 2020 à décembre 2020, le médiateur de la santé et son personnel sont venus en renfort au sein de l'Inspection sanitaire en besoin d'effectifs. Cela a aussi été le cas d'octobre 2021 à décembre 2021.

L'activité principale du service a été maintenue pendant ces périodes de présence à l'Inspection sanitaire, en assurant une disponibilité en présentiel sur rendez-vous. Durant 2021, les conférences publiques (sur les droits et obligations du patient ; sur la fin de vie) et d'autres activités connexes ont cependant été supprimées.

Depuis mi-février 2022, le service a repris son fonctionnement normal.

ad 2) Le rapport annuel 2021 est en cours de finalisation et sera disponible au courant du mois d'août 2022.

ad 3) La soussignée se permet de faire référence à la réponse à la question parlementaire n° 5627 du 31 janvier 2022 de Monsieur le Député Gusty Graas et Madame la Députée Carole Hartmann. En effet, des groupes de travail chargés des travaux de concertation au sujet d'un fonds d'indemnisation ont été instaurés. Cependant, au vu du calendrier des groupes de travail qui a dû être modifié en raison de la pandémie et des travaux restant à réaliser et les délais liés à la procédure législative, il n'est pas possible de se prononcer quant à une entrée en vigueur d'un fonds d'indemnisation durant la législature actuelle.

**Congé de naissance pour couples homosexuels | Question 6399**  
(22/06/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Déi Lëtzebuurger Regierung huet ugekënnegt, de „congé de naissance“ op gläichgeschlechtlech Koppelel auszewäiten, wat allerdéngs réischt no der Reform vum Filiationsrecht méiglech ass. An engem Interview mat „woxx“ (17.6.2022) weist d'Madamm Familljeminister drop hin, datt eng juristesche Verbindung zum Kand bestoe muss, fir kënnen de „congé de naissance“ unzefroen, an datt bei homosexuelle Koppelel dës Unerkennung just iwwert d'Adoptioun méiglech ass. Bei enger homosexueller Koppel, déi aus zwou Frae besteet, kann d'Kand vun enger vun dësen zwou Fraen zur Welt bruecht ginn. Bei enger homosexueller Koppel, déi aus zwou Männer besteet, kann d'Kand awer an der Reegel just vun enger sougenannter „Leihmutter“ ausgedroe ginn (et ginn Ausnamen, sou de Fall vun engem Wittmann, deen e Kand aus engem heterosexuelle Bestietnis huet an eng nei Beziung ageet mat engem Mann, deen säi Kand adoptéiere wëllt).

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Madamm Familljeminister a Justizminister an den Här Aarbechtsminister:

1. Ass d'Regierung der Meinung, datt d'GPA-Verbot, wéi et hei zu Lëtzebuerg besteet, kompatibel ass mat der Unerkennung vum „congé de naissance“ fir Leit, déi ee Kand an Opdrag ginn hunn?

2. Relativéiert dat Recht, dat hei enger Koppel soll accordéiert ginn, net d'Verbuet vun der GPA?



3. Well dee „congé de naissance“ als Form vu rechtlicher Toleranz géintwiler der GPA kéint interpretéiert ginn, gesäit d'Regierung d'Gefor, datt d'Geschäft mat de GPAen doduerch zousätzlech kéint ugekuerbelt ginn?

**Réponse** (02/08/2022) de **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1. Et gött, Stand haut, kee formelle Verbuet vun der GPA zu Lëtzebuerg. Bei all dëse Froe gött ëmmer den ieweschten Interêt vum Kand als Orientéierung geholl an net de Procreationmodus.

ad 2. Nee.

ad 3. Nee.

**Introduction d'une aide aux devoirs gratuite** | Question **6401** (22/06/2022) de **Mme Diane Adehm** | **Mme Martine Hansen** (CSV)

An der Emissioun „Background“ huet den Här Bildungsminister den 18. Juni op RTL annoncéiert, datt vu September un eng gratis Hausaufgabenhëllef géif offréiert gi fir d'Kanner an der Grondschoul.

Laut den Informatiounen, déi mir an der Educatiounskommissioun kritt hunn, géif dat iwwer Konvention mat de Maison-relais geregelt ginn.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un den Här Minister fir Bildung stellen:

1. Kann den Här Minister eis matdeelen, ob déi Responsabel aus de Maison-relais schonn iwwert d'Ëmsetzung vun der gratis Hausaufgabenhëllef informéiert gi sinn?

2. Wéi soll déi ugeduechte Konvention ausgesinn?

3. Kréien d'Maison-relais an deem Kontext zousätzlech Personal?

4. Wéi eng Qualifikatioun sollen déi Leit hunn, déi d'Hausaufgabenhëllef maache sollen?

5. Wat ännert konkreet fir déi Kanner, déi bis elo schonns an der Maison-relais waren?

6. Kann de Minister eis soen, wéi d'Konzept am Detail wäert ausgesinn?

7. Mat wem ass dëst Konzept ausgeschafft ginn?

8. Wéi soll um Enn déi gratis Hausaufgabenhëllef finanzéiert ginn? Wéi héich ass dee geschätzte Käschtepunkt?

**Réponse** (01/08/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. De Secteur vun der nonformaler Bildung ass am Virfeld consultéiert ginn. De 7. Dezember 2021 koom de Comité de pilotage (COPIL) Enfance mat de Verrieder vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) a vun der nonformaler Bildung eng éischte Kéier zesummen, fir iwwert d'Modalitéite vun der Hausaufgabenhëllef ze diskutéieren. An dësem COPIL gouf decidéiert, en Aarbechtsgrupp zum Thema Hausaufgabenhëllef an d'Liewen ze ruffen, deen den 20. Januar 2022 eng éischte Kéier zesummekom. Et goufen eng Retsch Visitten organiséiert, fir sech besteeënd Best-Practice-Beispiller anzueucken. De 7. Juni war de Sujet vun der Hausaufgabenhëllef och um Ordre du jour vum COPIL Enfance an de 6. Juli 2022 gouf nach eemol en aussergewöhnleche COPIL Enfance zum Thema Hausaufgabenhëllef zesummegegruff. D'Modalitéiten zu der Ëmsetzung vun der gratis

Hausaufgabenhëllef goufe per Communiqué den 8. Juli 2022 un de Secteur geschéckt.

Et sief drun erënnert, datt d'Hausaufgabenhëllef och elo schonns zu den obligatoreschen Prestatiounen gehéiert, déi eng Struktur vun der nonformaler Bildung (SEA) de Kanner muss ubidden. Dëst ass geregelt iwwert den Artikel 2 vum Règlement grand-ducal modifié du 14 novembre 2013 relatif à l'agrément à accorder aux gestionnaires des services d'éducation et d'accueil pour enfants, dee Folgendes seet:

« (...) le service doit fournir les prestations suivantes :

(...)

f) des études surveillées consistant à offrir aux enfants scolarisés un cadre favorable à l'exécution des devoirs à domicile de façon autonome, dans des conditions de calme avec une surveillance et un soutien minimal. »

D'Zil vun dëser Campagne ass et net, fir eng Hausaufgabenhëllef anzeféieren, mee fir d'Ëmsetzung vun der Hausaufgabenhëllef an de Strukturen vun der nonformaler Bildung national ze harmoniséieren. Ufank dës Joers gouf en Aarbechtsgrupp organiséiert mat de Verrieder vum Secteur vun der nonformaler Bildung, an deem déi organisatoreschen Modalitéiten definéiert goufen. Dës Modalitéite goufen ajustéiert an dono dem Comité de pilotage vum Secteur vun der nonformaler Bildung presentéiert a mat hinnen duerch diskutéiert. D'Communiquéen zu de Modalitéite vun der Ëmsetzung vun der Hausaufgabenhëllef, déi vun der Rentrée 2022/2023 u gëllen, sinn, wéi gesot, den 8. Juli 2022 verschéckt ginn.

ad 2. De legale Kader fir d'Modalitéiten zu der Ëmsetzung vun der Hausaufgabenhëllef (études surveillées), ass d'Reglement vun 2013, an de Finanzement ass geregelt iwwert d'Konventionen. Et muss keng zousätzlech Konventionen ausgeschafft ginn.

ad 3. An den SEA sinn d'Personalstonne gekoppelt un d'Kannerpresenzen, onofhängeg vun der Prestatioun. Esoulaang d'Kannerstonnen insgesamt net an d'Luucht ginn, falen och keng zousätzlech Personalstonnen un. Sollt d'Zuel vun de Kanner an d'Luucht goen, geet d'Zuel vun de Personalstonnen, déi d'Struktur zegutt huet, automatesch och an d'Luucht.

ad 4. Et ass zu dësem Moment festgehalen ginn, datt eng Personne de référence an der Betreuungs- a Bildungsstruktur designéiert gött, déi muss während der Plage vun der Hausaufgabenhëllef present sinn an déi muss folgend Konditiounen erfüllen:

– eng Qualifikatioun vu Minimum Fin d'études secondaires hunn am psychosozialen, sozioedukativen oder pedagogeschen Beräich, déi op den Encadrement vu Kanner virbereet, oder en Diplom vum Niveau secondaire hunn an engem anere Beräich, ënnert der Konditioun, datt d'Persoun eng professionell Erfahrung vun zwee Joer am Secteur vun der nonformaler Bildung huet;

– déi néideg sproochlech Kenntnisser am Franséischen, Däitschen a Lëtzebuergeschen hunn.

D'Dispositiounen betreffend d'Qualifikatiounen wäerte spëtstens vum 1. September 2024 un obligatoresch sinn.

ad 5. Wéi gesot, alleguer d'SEA bidden och elo Hausaufgabenhëllef un, mee vu datt dës Prestatioun net geregelt ass, kann se op ënnerschiddlech Manéieren ëmgesat ginn. Deementspreechend gött et och net eng eenheetlech Äntwert op d'Fro vun den honorabelen Deputéierten, well dat vun engem Haus an anere ka variéieren.

D'Modalitéiten, déi elo festgeluecht goufen, sinn déi folgend:

– eng fest Zäitfënster vun enger Stonn, wou d'Kanner hir Hausaufgabe kënne maachen;

– d'Kanner kréien an der SEA pedagogescht Material (Dictionnaire, zousätzlech Übungen, Ecouteuren asw.), dat de Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) den Haiser zur Verfügung stellt;

– d'Rolleklärung tëscht der Schoul an der SEA huet eng grouss Gewichtung a gött dem Personal iwwer eng Formation continue obligatoire erkläert. D'Personal aus der SEA hëllef dem Kand, sou gutt et geet, d'Consignen ze verstoen, ass awer net zoustänneg fir Verständnisschwierigkeeten par rapport zu der Aufgabestellung. Wann d'Kand net eens ginn ass mat sengen Aufgaben oder se net fäerdeg krut, well et d'Matière, déi ze übe war, nach net gutt genuch verstanen huet, ass et um Enseignant, fir dem Kand weider Erklärungen ze ginn. Hie bleift responsabel fir d'Ennerriichte vun der Matière;

– d'Kand muss sech kënne autonom op en Test virbereeden. Den Enseignant gött him Exercier mat dem Corrigé, fir datt et sech ka selbstänneg preparéieren;

– vun der Rentrée 2022/2023 u gött en digitalt Aufgabebichelchen (E-Bichelchen) agefouert. Den Enseignant hält hei d'Aufgabe fest. D'Elteren an den zoustännegen Educateur hunn och Accès drop. Si kënne esou de Schüler begleeden, deen d'Aufgaben ofhaakt wann se fäerdeg sinn. Dëst Aufgabebichelchen erlaabt ronderëm d'Hausaufgabe vum Kand ze kommunizéieren, an zwar an aller Transparenz tëscht den Enseignanten, den Elteren an den Educateurs, zum Beispill wann d'Kand mat den Aufgaben net fäerdeg gouf oder domadder iwwerfuert war.

ad 6. An de groussen Zich ass d'Zil, d'Kanner duerch materiell Hëllef an en edukative Suivi op hirem schouleschen Parcours ze ënnerstëtzen. Den Dispositif gesäit folgend Elementer vir:

– d'Mise en place vun engem digitalen Aufgabebichelchen, fir den Echange tëscht dem Léierpersonal, den Elteren an den Educateurs ze fërderen. D'Kand kann déi Aufgaben, déi scho fäerdeg sinn, ënnert der Opsicht vum Educateur ofhaken. D'Elteren oder den Educateur kënne eng Remarque derbäi setzen, falls d'Kand Schwierigkeeten begéint huet, fir seng Aufgaben ze erleedegen;

– d'Organisatioun vun enger Formatioun fir d'Encadrementpersonal, déi op d'Ëmsetzung vun dësem neien Dispositif virbereet. D'Konzept grenzt kloer de Rôle vum Encadrementpersonal an de Betreuungs- a Bildungsstrukturen of par rapport zum Rôle vum Léierpersonal. D'Léierpersonal ass a bleift eleng responsabel fir d'Ennerriichten an d'Vermëttlung vun der Matière;

– d'Referenzpersoun an de Betreuungs- a Bildungsstrukturen muss engersäits eng Qualifikatioun vu Minimum Fin d'études secondaires hunn an anerersäits déi néideg sproochlech Kompetenzen am Franséischen, Däitschen a Lëtzebuergeschen.

Eng Transitionphas ass definéiert. Bis September 2023 muss jiddereen d'Modalitéite vun der Hausaufgabenhëllef respektéieren, ausser d'Modalitéite betreffend d'Qualifikatiounen an d'Sproochen: Déi mussen bis September 2024 respektéiert sinn.

ad 7. Dëst Konzept berout op:

1. enger Viraarbecht, déi gelescht gouf am Kontext vun engem Aarbechtsgrupp mat Verrieder vum MENJE, vum Secteur vun der nonformaler Bildung (FEDAS, ELSEA) a vum Syicol. Den Optrag vun dësem Aarbechtsgrupp war et, d'Modalitéite vu enger gudder Praxis ze identifizéieren an en éischt Konzept ze erstellen fir eng harmoniséiert Ëmsetzung vun der Prestatioun „études surveillées“;

2. Ukucken, am Kader vu Visitten, vu Best-Practice-Beispiller;

3. enger Evaluatioun duerch den Observatoire de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire;  
4. enger Begleitung duerch de SCRIPT an de Service national de la jeunesse (SNJ).

### Réaménagement du parc d'Echternach suite aux inondations de juillet 2021 | Question 6403 (22/06/2022) de Mme Carole Hartmann (DP)

Den Iechternacher Park gouf bei de schroen Iwwerschwemmungen am Juli 2021 staark beschiedegt an ass bis haut an engem ganz schlechten Zoustand.

Bal ee Joer nom Héichwaasser huet de Schäfferot vun der Stad Iechternach elo e Panneau am Park opstelle gelooss, wou drop steet: „Aufgrund einer historischen Studie des Kulturministeriums dürfen wir die durch das Hochwasser entstandenen Schäden derzeit nicht beheben.“

Well dës Matdeelung eppes anescht seet wéi dat, wat Dir, Madamm Kulturministeresch, op eng parlamentaresch Fro vum 21. Dezember 2021 geäntwert hutt, géif ech Iech bidden, folgend zousätzlech Froen ze beäntweren:

1. Huet d'Gemeng Iechternach, no Ärer Äntwert op déi uewe genannte parlamentaresch Fro, den Dossier vun de geplangten Aarbechte komplettéiert a vollstänneg um Kulturministère eragereecht? Si säitdeem nei Autorisatioun vum Kulturministère un d'Gemeng Iechternach erausgaangen? Wa jo, firwat konkret?

2. Ass et nach ëmmer esou, dass Aarbechten un de Weeër an der Belichtung (am ganze Park a speziell fir d'Vélospist), op den Tennisterrainen an um Minigolf (déi alle béid och en neien Zonk brauchen) iwwer eng Autorisatioun vum Kulturministère kënnen gemaach ginn? Sinn all déi néideg Demandé fir dës Aarbechte vun der Gemeng Iechternach un de Kulturministère eragereecht ginn? Sinn all d'Autorisatioun vum Kulturministère ausgestallt ginn?

3. Wéi eng kleng Aarbechte kënnen ouni Autorisatioun vum Kulturministère gemaach ginn? Kënnen z. B. nei Poubellesbacken an nei Bänke vun der Gemeng en place gesat ginn? Oder këmmert sech de Staat ëm dës kleng Aarbechten? Wie kënn finanziell fir all d'Aarbechten, déi am Park geleescht ginn, op?

4. A wéi fern ass et richtig, dass d'Schied vum Héichwaasser wéinst der annoncéierter historiescher an architektonescher Etüd net därefer behuewe ginn? Wéi eng Schied a wéi eng Aarbechte sinn heivunnen konkret betraff? Ass et notament effektiv esou, dass keng nei Hecken, Planzen a Blumme kënnen gesat ginn, och wann de Park doduerch weiderhin an engem ganz schlechten Zoustand bleift?

5. Wann esoulaang wéi déi historiesch an architektonescher Etüd gemaach gëtt, verschidden Aarbechten net kënnen gemaach ginn, wéi laang wäert dat de Fall sinn? Wéi laang soll déi historiesch an architektonescher Etüd daueren? Ass de Kulturministère sech bewusst, dass déi vill Visiteuren an Touristen, déi op Iechternach kommen, den Iechternacher Park während all där Zäit an engem ganz schlechten Zoustand erëmfannen? Wat gedenkt de Kulturministère do dergéint ze maachen?

6. Fir d'Tennisterrainen nees a Betrib ze huelen, mussen och d'Elektresch- an d'Waasserleitungen kënnen genotzt ginn. Kënnen d'Aarbechten diesbezüglich am Kader vun der Instandsetzung vun den Tennisterrainen gemaach ginn oder brauchen dës eng speziell Autorisatioun? Sinn all dës Autorisatioun vum der Gemeng Iechternach gefrot ginn? Huet de Kulturministère dës Autorisatiounen och ginn?

7. Ass d'Gemeng Iechternach mam Kulturministère a Verbindung getrueden, fir zesummen ze beschwätzen, wéi d'Instandsetzung vum Iechternacher Park soll weidergoen? Ginn et reegelméisseg Echangeën tëscht der Gemeng Iechternach an dem Kulturministère zu dësem Sujet?

8. Konnten d'Aarbechten um Daach vum Pavillon entre-temps weidergefuert an ofgeschloss ginn, nodeems se hu misse wéinst den onerlaabten Aarbechten, déi d'Gemeng gemaach hat, gestoppt ginn?

9. Wie finanziéiert déi historiesch an architektonescher Etüd am Iechternacher Park? Wat ass hire Käschtepunkt? Wie finanziéiert déi konkret Ëmsetzung vun der Etüd? Wéini soll dës ëmgesat ginn?

### Réponse (18/07/2022) de Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture

Am Januar 2022 huet d'Gemeng Iechternach den Dossier komplettéiert an eragereecht. Zousätzlech Froen sinn nach op der Plaz mat der Gemeng a mam Institut national pour le patrimoine architectural – INPA (anc. Service des sites et monuments nationaux) gekläert ginn. Am Februar sinn d'Autorisatiounen erausgaangen, fir de Waassererschloss vun den Toiletten a vum Pavillon un d'Drénkwaassernetz unzabannen an och fir den Tennisterrain erëm an d'Rei ze setzen.

All gréisser Aarbechten am Park müssen iwwer eng Autorisatioun vum Kulturminister approuvéiert ginn. Am Virfeld dovunner soll den INPA ageschalt ginn. Leider sinn am Park vill grouss Aarbechte lassgetréppelt ginn, ouni déi Prozeduren ze respektéieren. Natierlech wier den INPA d'urgence op d'Plaz komm, wann en da geruff gi wier. An der Tëschenzäit gouf dat Néidegste autoriséiert a gemaach, fir déi déif Grief, déi gezu goufen, zouzemaachen. D'Weeër goufen dann och mat engem validéierten Aggregat iwwerzunn. D'Sockele vun de Belichtungen, déi och ouni Kontakt mam INPA an ouni meng Erlabnis agesat goufen, konnten erhalen bleiwen. Ech war dunn och d'accord, fir d'Belichtungen, déi scho vun der Gemeng kaaft goufen, provisoresch drop ze installéieren, dat bis e Gesamtkonzept virläit, deem déi historiesch an architektonescher Etüd soll erginn.

De Mobilier vum Park muss mam INPA ofgeschwat a vu mir autoriséiert ginn. Dat Finanziellt gëtt gereegelt tëscht der Gemeng Iechternach an der Administration de la nature et des forêts (ANF).

All d'Schied vum Héichwaasser, déi d'Sécherheet vun de Leit betreffen, konnte behuewe ginn. Wat elo nei ugeluucht a geplazt gëtt, dat soll aus der Etüd, déi leeft, erausgoen. Do spille verschidde Krittäre mat, wéi d'Volumetrie déi de Landschaftsarchitekt Henri Luja a sengem Konzept vun 1947 definéiert huet.

D'Etüd mat engem Masterplang wäert am Oktober presentéiert ginn an de Park kéint am nächste Fréijoer nei beplazt an ugeluucht ginn. Nieft dem normalen Ënnerhalt vun dem Bestoende kéint d'Gemeng déi Informatiounen un de Publikum weiderginn.

Et gëtt eng Autorisatioun aus dem Mäerz, fir den Tennisterrain an d'Rei ze setzen.

Den INPA ass a Kontakt mat der Gemeng. D'Etüd mam Masterplang gëtt der Gemeng am Hierscht presentéiert.

D'Aarbechten um Pavillon sinn amgaangen a wäerte bis Enn dës Joer ofgeschloss sinn.

De Kulturministère finanziéiert déi historiesch an architektonescher Etüd iwwer den INPA. De Käschtepunkt beléift sech op 38.000 EUR. Duerno muss gekuckt ginn, tëscht der Gemeng, der ANF an dem INPA, wéi d'Aarbechten am Park finanziéiert ginn.

### Situation actuelle à l'Aéroport de Luxembourg | Question 6406 (27/06/2022) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)

Am Ausland kënn et deelweis zu chaoteschen Situatiounen op de Flughäfen, well no dem Stellenofbau an der Folg vun der Pandemie net méi genuch Personal do ass, fir e korrekt Service beim Checkin a bei de Kontrollen ze garantéieren. Vu datt d'Vakanz hei zu Lëtzebuerg virun der Dier steet, géif ech an deem Kontext gär folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister stellen:

– Wéi presentéiert sech d'Situatioun zu Lëtzebuerg um Findel?

– Steet genuch Personal zur Verfügung, fir en normale Service ze garantéieren, speziell bei de Sécherheitskontrollen a beim Handling vum Gepäck?

• Wann nee, ginn zousätzlech Mataarbechter rekrutiert?

– Koum et wéinst der Reprise beim Fluchverkier an de leschte Wochen zu méi laange Waardezäiten?

– Geet d'Zuel vun den aktuelle Mataarbechter och duer, fir d'Spëtzenzäite korrekt ze couvréieren, och wann et zu weider pandemiebedingten Ausfäll beim Personal kënn?

– Wéi vill Leit sinn haut bei lux-Airport a bei der Luxair beschäftegt a wéi vill waren et der virun der Pandemie?

– Um Héichpunkt vun der Pandemie, wéi et zu engem dramateschen Abbruch beim Fluchverkier koum, ware vill Luxair-Mataarbechter an de Contacttracing detachéiert ginn. Wat ass aus dëser Leit ginn, sinn si nees an hirem ale Posten aktiv?

### Réponse (05/08/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

D'Situatioun zu Lëtzebuerg ass net direkt vergläichbar mat där op villen aneren europäeschen Flughäfen. Zum Beispill huet d'Fluchhafegesellschaft lux-Airport d'Personal während der Pandemie net aktiv reduzéiert a konnt all Mataarbechter a Vollzäitbeschäftegung halen, ouni op Kuerzaarbecht oder Chômage partiel missen zréckzegeifen. Déi staark Erhéijung vun de Passagéierzuele féiert awer och zu méi laange Waardezäiten an zu Spëtzenzäiten an engem Mangel u Parkplazen.

Lux-Airport huet haut méi Personal wéi am Pre-Pandemiejoer 2019, wou dättelech méi Verkéier war wéi elo, soudatt de Flughafen am Fong gutt op de Summertrafic preparéiert ass. Zousätzlech Personal gouf och agestellt, fir de Passagéier am Terminal bei der Orientéierung ze hëllefen a fir se op d'Sécherheitskontrolle virzebereeden.

Luxair, wéi och aner Handlingagents, hat Problemer, nodeems d'Zuel vun de Fluch mam Summerfluchplang 2022 erëm séier an d'Luucht gaangen ass. Dës virun allem am Service vum Tri vum Gepäck. Luxair huet dës Joer e bësse manner wéi 100 Persounen rekrutiert, déi deelweis am Tri vum Gepäck, deelweis an anere Services vu Luxair agestellt sinn.

Am Ablack sti keng Poste méi op, fir ze rekrutieren.

Méi laang Waardezäite sinn onvermeidbar bei staark klammende Passagéierzuelen. E weidere Phänomen dës Joer ass, datt d'Fluch an de Spëtzenzäiten a ganz enk traktéierten Intervallen erausginn. Trotz de wesentlech méi nidderege Gesamtverkéierzuelen am Verglach zum Joer 2019, ass d'Zuel vun de Passagéier aktuell an de Spëtzenzäiten 30–40 % méi héich wéi virun der Pandemie. Dat huet och een entsprechen den Impakt op d'Schnellegkeet vun der Ofwécklung. Dës féiert dozou, datt et während begrenzte Spëtzeperioden zu méi laange Waardezäiten komme kann. De Rescht vum Dag, wa weening Trafic ass, kënnen den



Checkin an d'Sécherheetskonnroll bannent e puer Minutte passéiert ginn.

Pandemiebedéngt Ausfall kënnen, deemno wéi héich se sinn, en Impakt op d'Schnellegkeet vun den Ofwécklungen hunn. Allerdéngs hunn d'Sécherheetskonnrollen am Terminal déi héchst Prioritéit, soudatt d'Personal vun anere Sécherheetskonnrollen um Flughafen, wann néideg, ofgezu ka ginn.

Am Joer 2019 waren 295 Leit bei lux-Airport SA beschäftigt, aktuell sinn et der 347, wat enger Erhéijung vu 17,6 % entsprécht. Et sinn och nach weider Rekrutementer geplangt.

Bei Luxair waren et am Juni 2019 genau 2.919 „équivalents temps plein“, am Juni 2022 sinn et der 2.831.

Op Basis vun der Ufro vum Gesondheetsministère sinn nach 4 vun den insgesamt 11 Leit am Prêt temporaire de main d'œuvre (PTMO) (4 Persounen, déi sech fräiwëlleg gemellt hunn). All déi aner Leit sinn zréck bei de Fluchaktivitéiten.

Ausserdeem ass e puermol dëst Joer „personnel navigant“ agestellt ginn (Piloten a Cabin Crew). Dat selwecht gëllt och fir d'Buedempersonal (Checkin a Groundhandling).

Fir weider Detailer verweisen ech op meng Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N° 6208 vum Deputéierte Serge Wilmes.

#### Fausse couches | Question 6409 (27/06/2022) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)

Laut enger Studie, déi am Abrëll 2021 an der wëssenschaftlecher Zeitung „The Lancet“ publizéiert gouf, kënn et weltwäit am Joer zu ongeféier 23 Milliounen Fausse-couchen. Déi betraffe Fraen hunn net nëmme mat de medezinnesche Konsequenzen ze kämpfen, mee och ganz dacks mat psychesche Problemer. An deem Kontext géif ech gär follgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen.

1. Wéi vill Feelgebuerte goufen an de leschte fënnef Joer zu Lëtzebuerg registréiert?

2. Wat sinn d'Hauptursaache vun de Feelgebuerten?

3. Wéi héich ass de Risiko, no enger éischter Feelgebuert nach weider Fausse-couchen ze erliden?

4. Wéi gesäit déi medezinnesch Prise en charge aus?

5. Gëtt et zu Lëtzebuerg eng Ulafstell fir Fraen, déi no enger Feelgebuert psychesch Problemer hunn, richteg ze encadréieren?

Wa jo, ginn d'Frais vum dëser Prise en charge vun der Gesondheetskeess iwwerhollt?

**Réponse** (28/07/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministère de la Santé

ad 1. De Gesondheetsministère huet keng Informatiounen dozou.

ad 2. D'Majoritéit vun de Feelgebuerten entstinn duerch genetesch Anomalien, déi als Konsequenz kënnen hunn, datt d'Entwécklung vum Embryo gestoppt gëtt. Feelgebuerte sinn heiansdo och d'Konsequenz vu gesondheetleche Problemer vun der Mamm oder kënnen duerch Infektiounen oder Consummatioun vu schiedleche Substanzen verursaacht ginn. De Risiko u Feelgebuerte steigt och mam Alter vun der Mamm: Mat 25 Joer läit de Risiko bei 12 % pro Zyklus; mat 42 Joer ass e bei 50 %.<sup>4</sup>

ad 3. Eng Feelgebuert huet keen Afloss op weider Feelgebuerten.

ad 4. Während enger Feelgebuert kann et zu enger kompletter Expulsioun vum Fötus a Plazenta kom

men. Falls dat net de Fall ass, kann den Dokter eng adaptéiert Prise en charge proposéieren.

ad 5. Fraen, déi no enger Feelgebuert e psychologesch Encadrement brauchen, kënnen vum Médecin traitant un e Psychiater, en onofhängege Psycholog oder Psychotherapeut orientéiert ginn. D'Käschte vun der Consultatioun beim Psychiater gi vun der Krankkeess iwwerhollt. D'Maternitéit vun de verschiddene Spideeler bidden och Koppelen, wann néideg, eng psychologesch Prise en charge un.

Ausserdeem ginn et verschidden Ulafstellen, déi dëse Patiente psychologesch Ënnerstëtzung ubidden (z. B. Initiativ Liewensufank an hire Groupe d'entraide „Eidel Äerm“).

#### Congés extraordinaires et spéciaux | Question 6411 (28/06/2022) de Mme Carole Hartmann | M. Max Hahn (DP)

Le Code du travail luxembourgeois prévoit, outre le congé annuel général ou le congé parental, une multitude de congés extraordinaires et spéciaux auxquels les salariés ont droit. Que ce soit pour participer à des formations continues ou à des cours de langue, pour s'occuper d'enfants malades ou pour pouvoir participer à des compétitions sportives.

À ce sujet, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

1) Monsieur le Ministre, combien de fois tous les congés extraordinaires et spéciaux prévus par le Code du travail luxembourgeois ont-ils été demandés par les salariés au cours des cinq dernières années ?

2) Combien de jours ont été demandés pour chaque congé au cours des cinq dernières années ? Combien de fois la durée maximale possible de jours de congé a-t-elle été utilisée ?

3) Durant la même période, combien de fois chaque congé a-t-il été demandé par des femmes et combien de fois par des hommes ?

4) Quel âge ont eu les enfants concernés par le congé pour raisons familiales aux cours des cinq dernières années ?

**Réponse** (08/08/2022) de **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

ad 1) et 3) Les bases de données de la sécurité sociale permettent uniquement d'identifier les congés spéciaux financés par la sécurité sociale (congé parental, congé de maternité, congé pour raisons familiales, congé d'accueil et congé d'accompagnement), et non pas les congés extraordinaires lesquels sont pris en charge directement par le patron concerné (à l'exception du congé de naissance et du congé d'accueil d'un enfant de moins de seize ans en vue de son adoption pour lesquels une compensation de huit jours est remboursée).

Le tableau n° 1 présente, pour les congés identifiés, l'évolution du nombre de personnes ayant bénéficié d'un congé au cours de l'année, selon le genre, entre 2017 et 2021.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 2) Le tableau n° 2.a présente, pour les différents congés spéciaux financés par la sécurité sociale, à l'exception du congé parental, l'évolution du nombre de jours civils pris par année entre 2017 et 2021.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Faute d'être en mesure de déterminer le nombre de jours pris au titre du congé parental, le tableau n° 2.b présente l'évolution du nombre de personnes ayant bénéficié d'un congé parental selon le type de congé entre 2017 et 2021 (situation en décembre).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Le tableau n° 3 présente, pour les différents congés spéciaux financés par la sécurité sociale, l'évolution entre 2017 et 2021 du nombre de bénéficiaires dont le congé a atteint la durée maximale légale au cours de l'année, et de la part que cela représente par rapport au nombre de bénéficiaires dont le congé a pris fin au cours de l'année.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 4) La base de donnée sur laquelle l'Inspection générale de la sécurité sociale s'est appuyée pour apporter les réponses à cette question parlementaire ne comporte pas l'information relative à l'âge de l'enfant pour lequel un congé pour raisons familiales a été demandé.

#### Victimes de la route | Question 6415 (28/06/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

Den 8. Juni war op RTL ze liesen, datt iwwert d'Joer 2021 gekuckt 24 Persounen op eise Stroosse leibbliwwe wieren an 260 „schwéier verwonnt“ goufen. Den Här Minister gëtt am selwechten Artikel mat der Ausso zitéiert, datt d'Zuel vun de Verkéiersdoudegen domat zanter 2013 ëm 49 % gefall wier. Gläichzäiteg ass dovun auszegoen, datt d'Zuel vun den Immatrikulatiounen opgrond vum demographesche Wuesstem staark zougeholl huet, an datt opgrond vum ekonomesche Wuesstem uewendrop nach eng Rei zousätzlech Gefierer op eise Stroossen dobäi koumen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froen stellen:

1. Kann den Här Minister matdeelen, wéini eng Persoun no engem Accident als „schwéier blesséiert“ gëllt a preziséieren, säit wéini déi Definitioun applizéiert gëtt?

2. Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi vill Autoe während de Joren 2000–2020 jee weils zu Lëtzebuerg immatrikuléiert waren, wéi vill Autoen (approximativ) pro Dag duerchschnëttlech op eise Stroossen ënnerwee waren, wéi vill Leit all Joers op eise Stroosse leibbliwwe sinn a wéi vill der schwéier verwonnt goufen?

**Réponse** (25/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministère de la Mobilité et des Travaux publics

Fir d'Opstelle vun de Statistiken iwwert d'Stroossenaccidenter benotzt Lëtzebuerg d'Definitiounen, déi an den EU-Länner üblech sinn. Als „schwéier blesséiert“ gëllt deemno eng Persoun, déi no engem Accident 24 Stonnen hospitaliséiert ass, respektiv déi dëser Definitioun vum Statec entsprécht:

« Sont considérées comme gravement blessées les victimes qui souffrent d'une fracture quelconque, d'une commotion, de lésions internes, de coupures et déchirures, de contusions ou d'autres lésions entraînant une hospitalisation dont la durée égale ou dépasse un jour. »

A follgendem Tableau ass déi jee weileg Unzuel vun Doudegen, schwéier Blesséierten an ugemellte Gefierer vun de Joren 2000–2020 ugewisen. Eng reegelméisseg Statistik vun der Unzuel vun den Autoen, déi

<sup>4</sup> Pathologies – Réagir en cas d'urgence : Fausse couche | [ameli.fr](http://ameli.fr) | Assuré

dagdeeglech op der Strooss sinn, gëtt an dësem Sënn net erhuewen.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Déi Donnéeën sinn ëffentlech a kënnen vu jiddwerengem zu all Moment um Site vum Statec opgeruff ginn (<https://statistiques.public.lu/fr.html>).

Betreffend d'Unzuel un Autoen (approximativ), déi dagdeeglech duerchschnëttlech op eise Stroossen ënnerwee waren, leie mir keng Zuelen oder Schätzung vir, déi op déi gewënschte Statistik schlësse kéinte loosse.

#### Utilisation de l'intelligence artificielle par les autorités judiciaires | Question 6416 (28/06/2022) de M. Léon Gloden (CSV)

An engem rezenten Artikel aus der „Süddeutsche Zeitung“ iwwerschrëwe mat „Sortiermaschinen“ geet rieds vu kënschtlecher Intelligenz (KI), a wéi dës Technologie an Zukunft am Justizberäich kéint agesat ginn. Dat kéint de Richteren hir Tâche erlichteren, biergt awer och Risiken. An Nordrhein-Westfalen géif d'Politik d'Fuerschung op dësem Gebitt „forcéieren“. An den USA kommen haut scho sougenannten „Recommender-Systemer“ an den Asaz, fir zum Beispill d'Réckfallprobabilitéit vu Stroftäter ze berechnen an de Richteren op där Basis Recommandatiounen mat op de Wee ze ginn.

Zu München entwéckelt eng Start-up eng Software, déi, unhand vun Algorithmen, Ausserungen mat strofrechtlechem Charakter aus de soziale Medien erausfiltert. D'Algorithme leeschten eng Aart Viraarbecht.

Ech wëllt duerfir folgend Froen un d'Madamm Justizministesch stellen:

– Gëtt aktuell zu Lëtzebuerg KI am Justizberäich agesat?

– Gëtt et zu Lëtzebuerg Fuerschung a Saache KI fir de Justizberäich?

- Wa jo, op wéi eng Felder bezitt sech dës Recherche?
- Sollt dat net de Fall sinn, ass d'Justizministesch der Meenung, dass och zu Lëtzebuerg Fuerschung op deem Gebitt bedriwwen soll ginn?

**Réponse (07/07/2022) de Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice**

Am Kader vum Projet „paperless justice“ gëtt d'kënschtlech Intelligenz (KI) agesat am Kader vum Programm JUANO (anonymisation des décisions de justice), dee scho realiséiert ass.

Am Moment gëtt keng KI agesat am operativen Beräich.

Justizautoritéite suivéiere mat grousssem Interessi Develloppementer am Domän KI an anere Länner.

Et ass dem Justizministère keng Fuerschung zu Lëtzebuerg zu deem Sujet bekannt.

#### Candidature pour un prochain « Grand Départ » ou une arrivée du Tour de France | Question 6423 (29/06/2022) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)

Il y a cinq ans, le Tour de France, l'une des plus grandes manifestations sportives du monde, a fait escale au Luxembourg. En effet, en 2017 le départ d'une étape fut donné à Mondorf-les-Bains et le « Tour » a traversé notre pays par la suite. Une arrivée d'étape de cette plus grande course cycliste du monde dans notre pays remonte à 2006, à Esch-sur-Alzette. Cette année,

le Tour arrivera à Longwy (F), donc à la frontière du Luxembourg.

– Comme le Tour de France ne représente pas seulement un événement sportif exceptionnel mais une occasion unique de présenter les différents pays et villes traversés par les meilleurs coureurs cyclistes mondiaux, j'aimerais savoir de Monsieur le Ministre si le Luxembourg entend poser sa candidature pour un prochain « Grand départ » ou une arrivée du Tour pour les années à venir. Ceci d'autant plus que nous pouvons compter sur le soutien de grands champions cyclistes luxembourgeois dans les démarches nécessaires.

**Réponse (01/07/2022) de M. Georges Engel, Ministre des Sports**

Depuis ses origines en 1903, le Tour de France a fait huit passages au Grand-Duché de Luxembourg, une arrivée d'étape en 1947, un passage en 1967, une arrivée d'étape en 1968, un grand départ avec prologue et deux étapes en 1989, une étape contre-la-montre en 1992, un 2<sup>e</sup> grand départ avec prologue et une étape en 2002, une arrivée et un départ en 2006 et dernièrement, un passage à travers le pays et un départ en 2017.

Il est évident que le Tour de France est le plus grand événement sportif annuel de portée mondiale. Outre l'aspect sportif hautement professionnel, les retombées économiques et financières sont immédiates, notamment celles liées au tourisme dont les effets perdurent encore les années suivantes. Plusieurs études réalisées par des villes étapes ont fait ressortir un retour en investissement certain d'un passage du Tour diffusé dans près de 200 pays du monde entier. Un nouveau passage de la Grande Boucle sur le territoire luxembourgeois aura sans aucun doute un impact sur la promotion de l'image de marque du Luxembourg à l'étranger et sur la notoriété du pays. Un grand départ, une arrivée ou un départ d'étape assureront un rayonnement économique, culturel, sportif, touristique et politique du Grand-Duché de Luxembourg dans le monde entier.

C'est pourquoi, et compte tenu du fait que le dernier passage du Tour remonte à 2017, je ne manquerai pas de saisir prochainement le Conseil de Gouvernement pour lui demander de me donner mandat à approcher les organisateurs du Tour de France en vue d'un prochain passage du Tour de France au Grand-Duché de Luxembourg.

#### Bureau de la CNS à Ettelbruck | Question 6424 (29/06/2022) de M. Jean-Paul Schaaf (CSV)

Zënter den Iwwerschwemmunge vum Juli 2021 ass de Büro vun der CNS zu Ettelbréck zou. Déi nei renovéiert Raimlechkeete waren Affer vum Héichwaasser. Zënterhier si keng Aarbechten un de Raimlechkeete gemaach ginn an de Client muss op d'Agence op Dikrech auswäichen. Well awer all aner Geschäfte, déi och vun den Iwwerschwemmunge betraff waren, no e puer Woche respektiv Méint Renovatioun rëm opgemaach hunn, wëll ech gär folgend Froen un den Här Minister fir Soziales stellen:

– Bei der Aweigung zu Ettelbréck huet den deemolege Minister d'Wichtigkeet vun dësem Büro fir d'Salariéen ënnerstrach. Ass de Minister weiderhin der Meenung, dass dës Büro wichteg ass?

– Ass d'CNS gewëllt, de Büro zu Ettelbréck nees a Betrieb ze huelen?

• Wa jo, wéini?

– Gi bei der Instandsetzung och déi ugeduechten Héichwaasserprotektiounen mat gebaut, déi bei der éischter Renovatioun net installéiert goufen?

– Fir de Fall, wou d'CNS de Standuert Ettelbréck wëllt opginn, wéi eng Notzung kréien dann déi aktuell Raimlechkeeten zu Ettelbréck, déi an der Propriétéit vun der CNS sinn?

**Réponse (02/08/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale**

D'Ettelbrécker Agence vun der Gesondheetskeess (CNS) ass a bleift och iwwert déi nächst Joren e wichtigen Deel vun der Strategie vun der CNS, och wann ëmmer méi op d'Digitalisatioun gesat gëtt, fir d'Déngschter vun der CNS méi einfach a méi no un d'Assuréeen ze bréngen. Dowéinst ass och eng kuerzfristeg Renovatioun geplangt, fir déi grouss Schied, déi duerch d'Héichwaasser entstanen sinn, ze behiessen. No der Renovatioun wäert d'Agence da méi innovativ equipéiert sinn, wéi an de Pläng, déi virun e puer Joer entworf goufen, virgesi war.

Duerch d'Covid-19-Pandemie sinn d'Renovatiounen vu verschiddenen Agencë retardéiert ginn, wouduerch verschidde geplangte Baustellen an och déi nei Planung vun der Agence Ettelbréck nach net konnten ugefaange ginn.

Des Weideren hunn déi Ëmstänn awer och vill nei Erkenntnisser mat sech bruecht. D'Agence vun der CNS funktionéieren haut zum gréissten Deel just nach op Rendez-vous an dëst zur grousser Zefriddenheet vun de Versécherten. De Succès vum Teletravail an déi aktuell Energiepräisser féieren iwwerdeems zu den Iwwerleeungen, ob déi lokal Bürouen net deelweis kéinte vun den CNS-Mataarbechter genotzt ginn, fir gréisser Deplacementer ze evitéieren. Och fänkt d'Digitalisatioun, déi d'CNS ustriift, un, ëmmer méi ze gräifen an déi definitiv Aféierung vum „Paiement immédiat direct“ am Laf vum Joer 2023 wäert mat sech bréngen, dass manner Leit den traditionelle Chèque aléise ginn, respektiv hir Dokumenter fir de Remboursement op d'Agence droen.

Heibäi handelt et sech ëm nei Elementer, déi an d'Gestaltung vun der Ettelbrécker Agence, souwéi och an déi vun all den anere Bürouen mat erafléissen.

Méi laangfristeg wäert déi zukünfteg Nordstad fir d'CNS zesumme mat Lëtzebuerg an Esch/Suessem ee vun den dräi wichtigsten urbanen Zentren vu Lëtzebuerg sinn an deementspriedend wäert och d'Präsenz vun der CNS erhalen bleiwen, „Guichet unique“ oder och hybrid Konzepter Büro-Agence.

Et ass awer ze berécksiichtegen, dass souwuel d'Agence vun Ettelbréck, wéi och déi vun Dikrech net esou kënnen ausgebaut ginn, wéi et mëttel- a laangfristeg néideg ass. En Zesummekomme mat den zwou concernéierte Gemengen wäert iwwert déi zukünfteg Präsenz vun der CNS an der Nordstad méi Kloerheet schafen, woubäi d'Proximitéit fir den Assuré en iwweraus wichtige Facteur wäert sinn.

#### Emplacements réservés aux voitures électriques | Question 6425 (29/06/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

An engem Parkhaus vun enger Klinik zu Lëtzebuerg ginn et obligatoresch Parkplaze fir Elektroautoen, déi net mat Elektrobussen equipéiert sinn. Dës Parkplaze sinn am Ufank vum Parkhaus ausgezechent an domat relativ wäit fort vun der Entrée. Hei stellt sech d'Fro, wéi d'Regierung zu Parkplaze steet, wou d'Besëtzer vun Elektroautoen sech mussen histellen.

An deem Zesammenhang wëllt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froen stellen:

1. Sinn esou obligatoresch ausgewisen Elektroparkplazen och vum Staat geplangt respektiv scho realiséiert?



2. Wa jo, wéi verhält et sech am Fall, wou eng Persoun mat engem Behënnerteparkausweis an engem Elektroauto op esou engem Parking géif parken?

3. Ginn et Grënn, firwat een Elektroauto sollt un den Agang vun engem Parkhaus verweisen?

**Réponse** (11/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Fir ëffentlech Parkplaz gesäit de Code de la route iwwert ee speziell Zousatzschëld vir, datt Parkplazen, déi mat enger Luetstatioun equipéiert sinn, nëmme vun elektresche Gefierer kënnen benotzt ginn. Dës ënnert Konditioun, datt dës elektresch Gefierer och un d'Luetstatioun ugeschloss ginn. Wat elo nëmme d'Ofstelle vun engem elektresche Gefier ugeet, esou gesäit de Code de la route keng obligatoresch Parkplaz vir an et ass och net geplangt, esou eng Reglementatioun anzeféieren.

Am, vum honorabelen Deputéierten, evoquéierte Fall, handelt et sech um Parkplaz vun enger privater Klinik, déi fir hir Klienten am Parking Stellplazen ausweist, op deenen Elektroautoe solle geparkt ginn. De Grond firwat dës Parkplazen esou ausgewise goufen, misst an dësem konkrete Fall beim Bedreier nogefrot ginn.

**Congé parental** | Question **6426** (29/06/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Wann een zu Lëtzebuerg wëllt de Congé parental ufroen, ginn et verschidde Konditiounen, déi een als Elterendeel muss erfüllen. Esou muss een 12 Méint laang (mat enger Ennerbriechung vu maximal 7 Deeg an dësen 12 Méint) bei der CNS oder enger anerer Sozialversicherung versichert sinn, een Aarbechtskontrakt bis un d'geplangtent Enn vum Congé parental hunn a mindestens 10 Stonnen d'Woch schaffen. Salarieën, deenen hir Proufzäit eréischt no dem Congé parental op en Enn geet, dierfen dann och nëmme dee sougenannten zweete Congé parental huelen.

An deem Zesammenhang wëllt ech de Ministere fir Famill an Integratioun a Sozialversicherung dës Fro stellen:

1. Wéi vill Persounen kruten an de Joren 2020 an 2021 hir Indemnités fir den éischte Congé parental vun der Zukunftskeess refuséiert? Wéi vill Prozent heivu ware Fraen?

2. Wéi vill Persounen hunn 2020 an 2021 wéinst engem Refus eng Lettre de contestation un d'Zukunftskeess gemaach?

3. Wéi vill Persounen kruten 2020 an 2021 doropshin nees eng „confirmation du refus“?

4. Wéi vill vun dësen Persounen hunn hiren Dossier nom Refus vun der Zukunftskeess virun de Conseil arbitral de la sécurité sociale (CASS) bruecht?

5. Wéi vill vun dësen Persounen krute vum CASS Recht zougesprach?

6. Wéi vill Affäre virum CASS, an deenen d'Zukunftskeess Defenseur ass, lafen am Moment?

7. Wéi héich waren d'Affekotekäschte vum CAE fir Affäre virum CASS déi lescht fënnef Joer (opgeschlëselt no Joer)?

8. D'Gesetz vum 15. Dezember 2019 gesäit vir, dass d'Fonctionnaires stagiaires d'Méiglechkeet hunn, esouwuel Vollzäit ewéi och Deelzäit Congé parental ze huelen, sous condition, dass hir Formatioun an der Reegolzäit ofgeschloss gëtt.

Wéi gëtt an der Praxis virgaangen, fir ze garantéieren, dass d'Fonctionnaires stagiaires ouni Verlängerung

hir Formatioun ofschléisse kënnen an da vum Congé parental profitéiere kënnen?

**Réponse** (29/07/2022) de **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

ad 1. Am Joer 2020 kruten 183 Persounen e Refus fir d'Indemnisation vum éischte Congé parental, dovunner waren 155 Fraen. Am Joer 2021 waren et 157 Persounen, dovunner 120 Fraen.

ad 2. Am Joer 2020 hunn 23 Leit eng Opposition op de Refus un de Conseil d'administration vun der Zukunftskeess geschéckt, am Joer 2021 waren et 19 Leit.

ad 3. An all de Fäll huet de Conseil d'administration vun der Zukunftskeess de Refus confirméiert.

ad 4. Am Joer 2020 hu 6 Persounen e Recours beim Conseil arbitral de la sécurité sociale (CASS) erageeicht, am Joer 2021 waren et 4 Persounen.

ad 5. An deenen 10 Dossieren, déi an de Conseil arbitral agereecht si ginn, si bis elo 2 Urteiler gesprach ginn. An deenen 2 Dossieren huet d'Zukunftskeess verluer; an engem Fall ass d'Zukunftskeess an Appell gaangen, an deem aneren huet si d'Urteil akzeptéiert. An 8 Dossiere steet d'Urteil also nach aus.

ad 6. D'Zukunftskeess ass ëmmer Defenseur um Conseil arbitral de la sécurité sociale, well dës Instanz just vun engem Particulier ka saisiéiert ginn, dee mat enger Decisioun vun der Zukunftskeess net d'accord ass. 2020 hunn insgesamt 61 Leit géint eng Decisioun vun der Zukunftskeess e Recours agereecht; 2021 waren et der 88 Leit.

ad 7. Der Zukunftskeess hir Affekotekäschte fir all d'Affäre virum Conseil arbitral, opgeschlëselt no Joer:

| Année | Dépense affaires CASS |
|-------|-----------------------|
| 2017  | 96.420,30 €           |
| 2018  | 118.639,33 €          |
| 2019  | 114.008,31 €          |
| 2020  | 77.575,39 €           |
| 2021  | 99.620,83 €           |

ad 8. Ob e Fonctionnaire stagiaire seng Formatioun ouni Verlängerung während der Stagezäit kann ofschléissen, läit ënner anerem a senger eegener Responsabilitéit. Des Weidere ginn déi Fäll individuell an au cas par cas vun den zoustännege Services analyséiert. Dës Prozedur ass net an der Kompetenz vun der Zukunftskeess.

**Château de Beaufort** | Question **6428** (29/06/2022) de **Mme Octavie Modert** (CSV)

D'Beeforter Schlass ass eng gutt erhalte mëttelalterlech Buerg mat Renaissance-Wunngebai a Ställ, Scheieren a Schäpp, déi doduerch eng wichteg touristesch Attraktioun sinn. Den 30. Juli 2021 ass en Deel vun der Baussemauer vum Beeforter Schlass no staarkem Reen agefall. De Kulturministère huet direkt zougesot, datt d'Mauer esou séier wéi méiglech nees opgebaut sollt ginn, no enger Bestands- an Ursachenanalys.

Haut, bal ee Joer duerno, ass d'Mauer nach ëmmer net gefléckt.

Den INPA, deemools nach de Service des sites et monuments, huet ugangs vum Joer bekannt ginn, datt d'Analysen eng méi komplizéiert Situatioun erginn hunn, déi d'Fléckaarbechten net vereinfachen.

Trotzdem muss ee feststellen, datt den Zoustand vun der Mauer sech net verbessere wäert, wa se weiderhin dem Wieder an dem Reen ausgesat ass. Ausserdeem verdénkt de kulturhistoresche Bijou e besseren Ubléck.

Dofir géif ech gär folgend Froen un d'Madamm Kulturministesch stellen:

– Wéini sollen d'Aarbechten un der Buergmauer, déi dréngend néideg sinn, ulafen?

– Wat sinn déi detailléiert Konklusioone vun den Analysen, déi vum Denkmalschutzamt maache gelooss gi sinn?

– Wat fir Aarbechte mussen genee gemaach ginn, fir d'Mauer ze stabiliséieren an an en normalen Zoustand ze versetzen?

– Wéini sollen d'Aarbechte fäerdeg sinn?

– Wéi héich soll de Käschtepunkt vun den Aarbechte sinn?

– Si provisoresch Aarbechte gemaach ginn, fir datt d'Situatioun sech net nach weider verschlémmert? Wat ass bis elo scho gemaach ginn?

– Ass d'Madamm Minister net der Meenung, datt déi definitiv Instandsetzung vun der Mauer dréngend ass?

**Réponse** (15/07/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture

Déi baussecht Mauerschuel vun der ënneschter Baussemauer am Gruet virun der Beeforter mëttelalterlecher Ruin huet sech wéinst dem deelweis schlechten an duerch de ville Reen am Juli 2021 opgeweechten Ennergrond gesat. Den 30. Juli 2021 huet sech dunn dës Mauerschuel vun den anere Mauerdeeler bannend lassgeliest, ass ageknéckt an duerno ënner hirem Eegegewicht a sech zesummegefall. Dat sinn d'Konklusioone vu den Experten.

D'Aarbechten un der Buergmauer, déi eng Urgence am Sënn vun der Stabilitéit a Sécherheet duergestallt hunn, goufen d'lescht Joer vum INPA a mat externen Ingenieuren zesumme geplangt an ufanks 2022 ausgefouert. Weider Sanéierungsarbechte vun der Mauerkroune beim Agang sollten d'Touristesaison vun dësem Joer net stéieren. Dofir ginn dës Aarbechten an den Neibau vun der baussechter Schuel vun der Buergmauer mat den entspreche Verstäerkunge vun der Fundamenter eréischt vun November 2022 u realiséiert.

Am Detail ass nach Folgendes ze maachen: Neimaache vun der Mauerkroune beim Agang vun der Ruin, deelweis Ofbau vum Deeler bis an 1 m Déift an d'Mauer eran, Stabilisatioun a Verstäerkung vun der Fundamenter, Opbau vun der baussechter Mauerschuel a Verbanne mat den ugrenzende Maueren, Neimaache vu Foue bei de betraffene Maueren, Drainage duerch Buerungen aktivéieren. D'Dauer vun dësen Aarbechte gëtt op acht Méint geschätzt.

De Käschtepunkt vun den Analysen a Stabilisatiounen beleef sech op ca. 350.000 EUR. D'Käschte vun den Opbauarbechte ginn duerch eng ëffentlech Soumissioun festgeluecht. Si sinn op eng Millioun EUR geschätzt.

Bis haut goufen all déi Aarbechten duerchgefouert, déi verhënnert hunn, dass weider Deeler afalen. Dës Aarbechte waren awer net just provisoresch, ma gehéieren zum Gesamtkonzept, a waren d'Viraussetzung, dass dës Joer d'Buerg an d'Schlass nees fir d'Visiteuren zougänglech sinn. Dobäi goufen déi Deeler demontéiert, déi riskéiert hätten, erofzufalen an et goufe verschidden Deeler mat Ankerstaangen zesummegehalen.

D'Drénglechkeet war vun Ufank un dem INPA a mäin Uleies. Dofir kann dës Touristesaison och elo normal

funktionéieren a soubal se eriwwer ass, geet et mat den Aarbechte virun.

**Projets dans le cadre d'Esch2022** | Question **6429** (30/06/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

2022 ass Esch, zesumme mat 18 Nopeschgemengen aus dem Minett („ProSud“) an aus Frankräich, Kulturhaaptstad vun Europa, eng Eier, déi sech eis zweetgréisst Stad mat Kaunas (Litauen) an Novi Sad (Serbien) deelt. D'Attraktivitéit vun dëser 18-Gemenge-Regioun (200.000 Awunner) soll gestärkt ginn, ganz besonnesch op touristeschem a wirtschaftlechem Plang.

De Kulturministère hält sech aus der Programmatik eraus. An der Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson an der Gesondheitsministesch Paulette Lenert op d'parlamentaresch Fro N° 5317 vum 1. Dezember 2021 vum Georges Mischo liest een: „Iwwerdeems sech d'ASBL Esch2022 fir d'Organisation vum engem Lancement entscheet huet, sief drun erënnert, datt sech de Kulturministère prinzipiell net an d'Gestaltung vu kulturellen an artisteschen Aktivitéiten, respektiv vu Programmationen amëscht.

Onofhängeg dovun ass der Regierung sécher bekannt, datt de Kontrollgremium vun der Europäescher Kommissioun a sengem Dokument „Third Monitoring Meeting Report by the European Capital of Culture Expert Panel Virtual Meeting, October 2021“ schreift: „The panel asked several questions about the large number of projects that had not been selected after the open call and the frustrations this could create, (...) The team reiterated the figures indicated in its previous progress report: i. e. the open call triggered a record number of 1.000 applications, among which approximately 600 were fully finalised. Out of these, 130 projects were selected by the evaluating committee as meeting the quality criteria an will take place next year.“

Op der Pressekonferenz vum 28. Oktober 2021 iwwert déi lescht Virbereedungen op d'Kulturjoer huet d'Françoise Poos, Directrice vum Kulturprogramm vun Esch2022, op d'Fro, firwat sou vill Projete refuséiert goufen, geäntwert: « Parce qu'il faut faire un choix. » Dës Äntwert bagatelliséiert d'Tatsaach, datt iwwer 800 Kënschtler a Kënschtlergruppen hir Zäit, hir Energie an hir Ressourc fir näischt agesat hunn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturministesch:

1. Kann d'Madamm Kulturministesch confirméieren, datt d'Lëscht vun de Projeten, déi vun Esch2022 ofgeleent goufen, bis elo net publizéiert gouf? Wa jo, aus wéi enge Grënn gouf dës Lëscht bis elo net publizéiert?

2. Verfüügt d'Madamm Kulturministesch iwwer esou eng Lëscht? Wa jo, ass et méiglech, déi Lëscht ze gesinn? Wann nee, ass et méiglech, esou eng Lëscht ze gesinn?

3. Kann d'Madamm Kulturministesch präziséieren, aus wéi enge Grënn déi betreffend Projeten ofgeleent goufen, a wat d'Organisateure vun Esch2022 konkret ënner „quality criteria“ verstinn, opgrond vun deenen déi Honnerte vu Kënschtler ofgesot kruten?

**Réponse** (22/07/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture

Et ass virop wichteg ze ënnersträichen, datt kreatiiv a kënschtleresch Schafen ni fir näischt ass, an datt all kreativen a kënschtleresche Prozess selwer eng Valeur huet, och wann e Projet am Endeffekt eventuell net realiséiert oder an engem anere Kader oder ënner enger anerer Form realiséiert gëtt. Et ass deemno och evident, datt e Selektiounsprozess am Kader vun engem Appel à projets net doranner besteet, fir eng kreativ

oder kënschtleresch Demarche ze devalidéieren, mee fir ze bewäerten, ob déi virgeschloe Projete mat de Krittäre vum Appel iwwereneestëmmen, respektiv wéi eng Projeten dës Krittären am beschten ëmsetzen.

Am Kader vum Appel à projets fir Esch2022 waren dës Krittären an engem Dokument „Guidelines“ detailléiert ginn, en Dokument, wat de potentielle Projektpartner, ier en e Projet agereecht huet, konnt op der Plattform consultéieren. Dës Krittäre goufen opgrond vun der spezifescher Zilsetzung vun Esch2022 definéiert an hunn och dat erëmgeho, wat d'EU mat der Aktioun „Capitales européennes de la Culture“ bezweckt. Dat ass och dat, wat den interinstitutionnelle Gremium an uecht geholl huet, deen als Aufgab huet, de Virbereedungsprozess vun all Kulturhaaptstad berodend ze begleeden.

Op Basis vun deene Krittären huet e Comité de lecture all Projet analyséiert. Dëse Comité bestoung aus eelef Leit, déi verschidden Domainer a Kompetenzen ofgedeckt hunn, woubäi all Member vum Comité sech jee no Kompetenzberäich op präzis Krittäre konzentréiert huet. Esou gouf all Projet aus verschiddene Bléckwénkel gepréift, fir sech op eng Recommandatioun ze eenegen.

Mat deem am Hannerkapp ergi sech folgend Äntwerten op déi gestallte Froen:

ad 1. Iwwerdeems et dem Verwaltungsrot vun Esch2022 seng Entscheedung ass, fir Projetslëschten ze verëffentlechen oder net, sief drun erënnert, datt et net onüblech ass, fir ofgeleente Projeten net ze publizéieren, ënner anerem, fir dës net an anere Kontexter ze prejudiciéieren. Et géif sech och d'Fro stellen, wat mat där Informatioun bezweckt soll ginn, respektiv a wéi fern esou eng Lëscht iwwerhaupt aussokräfteg wier.

ad 2. All d'Membere vum Verwaltungsrot vun Esch2022 kruten d'Lëscht vu sämtleche Projeten, déi bei Esch2022 eragereecht goufen.

ad 3. Wéi uewen erkläert, gouf all Projet opgrond vu genee Krittären evaluéiert. D'Projeten, déi dës Krittären net oder net genuch erfëllt hunn, konnten net vum Verwaltungsrot zréckbehalen ginn. Ze bemierke bleift, datt all Partner vun Esch2022 eng argumentéiert Ofso kritt huet.

**Attaque sur agents pénitentiaires** | Question **6432** (30/06/2022) de **M. Léon Gloden** (CSV)

D'après un communiqué de presse diffusé ce 30 juin 2022 par l'Association des agents pénitentiaires du Grand-Duché de Luxembourg, six agents pénitentiaires ont fait l'objet d'une attaque à mains armées au sein du Centre pénitentiaire du Luxembourg le 29 juin 2022. « Une recrudescence des attaques et des menaces sont constatées sur tout le personnel du CPL depuis plusieurs semaines », explique l'Association des agents pénitentiaires.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Justice et à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

1) Le Gouvernement a-t-il été informé de l'incident qui s'est déroulé au CPL le 29 juin 2022 ? Comment est-ce que la situation a pu déraiper à ce point-là ?

2) Est-ce que les agents pénitentiaires ont été blessés ? Comment est-ce que l'incident a pu être maîtrisé ?

3) Est-ce qu'il y a eu à un moment donné un danger d'évasion de la part des détenus ?

4) L'Association des agents pénitentiaires explique avoir constaté une recrudescence des attaques et menaces sur le personnel du CPL. Combien d'incidents ont

eu lieu ces trois derniers mois ? Quelles sont les raisons expliquant ces incidents ?

5) Comment prévenir les attaques et menaces sur le personnel du CPL ? Comment est-ce que le Gouvernement entend assurer la meilleure sécurité du personnel ?

**Réponse** (28/07/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

ad 1) Le Gouvernement a été averti le jour même de l'incident qui s'est déroulé au CPL le 29 juin dernier.

Le détenu mineur est arrivé au CPL le 29 juin et a refusé de se soumettre à la fouille prescrite par la loi du 20 juillet 2018 portant réforme de l'administration pénitentiaire, qui permet de vérifier qu'aucun objet ou substance prohibés ne soient introduits au sein du centre pénitentiaire.

Il a alors été décidé d'effectuer la fouille dans la cellule du mineur. Celui-ci, ne voulant toujours pas se soumettre à la fouille, a saisi une fourchette en matière synthétique et a essayé de piquer les agents pénitentiaires présents sur place.

La réaction du mineur était imprévisible, dans la mesure où il s'agissait d'une admission normale et que le CPL n'a pas eu d'information préalable concernant un éventuel risque particulier. De ce fait, les membres du groupe d'intervention pénitentiaire (GRIP) qui étaient sur place ne portaient pas de tenue de sécurité. Certains agents présents sur place étaient des membres du GRIP, mais il ne s'agissait pas d'une intervention du GRIP.

ad 2) Oui, six agents pénitentiaires ont été victimes de coups de pied ou de poing ou se sont vu cracher au visage. La situation a pu être maîtrisée après très peu de temps par la mise de menottes. Le détenu mineur a été transféré en cellule de sécurité après l'incident.

ad 3) Non, tant la sécurité que la sûreté étaient garanties à tout moment. Les actes du détenu n'avaient aucune incidence sur la situation sécuritaire.

ad 4) Durant ces trois derniers mois, il y a eu en tout quatre incidents au CPL au cours desquels des membres du personnel ont été agressés.

Les causes des incidents sont très variées. L'alcool peut être un facteur car il rend les détenus très agressifs. Le comportement des détenus est parfois le résultat de différends ou de situations conflictuelles qui se présentent dans la vie de tous les jours. Il s'ajoute également que le seuil de tolérance des détenus baisse aussi avec la surpopulation du CPL.

ad 5) Suite aux incidents survenus ces derniers mois, plusieurs mesures ont été mises en place.

Tout d'abord, il été décidé de mettre en place un flux d'information avec le Centre socio-éducatif de l'État et l'Unité de sécurité pour mineurs, de sorte à pouvoir mieux préparer des arrivées potentiellement conflictuelles.

Ensuite, les agents pénitentiaires disposent, dans les bureaux des sections, de menottes qu'ils sont autorisés à utiliser dans des situations d'urgence.

Par ailleurs, chaque détenu qui affiche un comportement agressif fait l'objet de sanctions disciplinaires conséquentes. En cas de récidive, il peut être placé en régime cellulaire. Cette mise en régime cellulaire a lieu dans une unité spéciale, plus petite, ce qui permet aux agents de consacrer davantage de temps aux détenus qui s'y trouvent.

Pour finir, les directions des centres pénitentiaires sont en train d'élaborer, ensemble avec l'administration pénitentiaire une nouvelle note de service permettant aux agents pénitentiaires de recourir, dans des situations



d'urgence à des moyens de contrainte supplémentaires, à savoir des bombes lacrymogènes et des matraques passives. Conformément aux dispositions inscrites dans la loi du 20 juillet 2018 portant réforme de l'administration pénitentiaire, les agents pénitentiaires appelés à en faire usage recevront une formation spécifique. Cette formation est en train d'être mise en place avec l'aide de l'institut de formation pénitentiaire. L'administration pénitentiaire se charge également de l'acquisition des moyens matériels nécessaires. Cette mesure devrait pouvoir devenir opérationnelle vers octobre 2022.

**Sécurité des agents pénitentiaires** | Question 6433 (30/06/2022) de **M. Claude Lamberty** | **M. Max Hahn** (DP)

De Mëttwoch den Owend koum et am Prisong zu Schraasseg zu enger brutaler Attack vu Prisonéier op sechs Giischtercher. Et wieren och Morddrounge géint d'Gardiennen an och géint d'Personal aus dem Prisong ausgeschwat ginn. Gewalt a verbal Attacke stinn an engem Prisong oft un der Dagesuerdnung. Allgemeng géif ee säitens vum Personal awer mieren, dass iwwert déi leschte Wochen a Méint souwuel déi kierperlech wéi och déi verbal Attacken a Menacen enorm zouhuelen.

Déi héich Prisongpopulatioun war iwwert déi leschte Joer ëmmer erëm e Sujet. Zudeem versteet sech, dass do, wou vill Prisonéier openeen kommen, d'Konfliktpotential erhéicht ass an d'Belaaschtung op béide Säiten zouhélt.

D'Giischtercher hätten och nëmme limitéiert Moyene sech ze verdeedegen. Beispillsweis wier d'Immobilisatioun vum engem Prisonéier an och den Ekipement, fir sech am Noutfall oder bei enger Revolt ze schützen, streng reglementéiert. Oft géif et och virkommen, dass Membere vum Personal net informéiert ginn, wa Menacé géint si oder Membere vum hirer Famill géifen ausgeschwat ginn.

An deem Kader wollte mir der Madamm Justizministersch an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froen stellen:

1. Wat war den Ausléiser vun den Attacken op d'Giischtercher am Prisong Schraasseg de Mëttwoch 29. Juni 2022?
2. Wéi vill Incidente gouf et an de leschte fënnf Joer an de Lëtzeburger Prisongen, déi d'Sécherheet vun de Prisonéier oder dem Personal gefärdet hunn?
3. Gëtt d'Prisongspersonal ëmmer iwwer Menacé vis-à-vis vun hinnen oder Membere vum hirer Famill informéiert? Falls nee, wisou net?
4. Wat gëtt de Giischtercher am Fall vun enger seriöser Menace géint si oder géint Membere vum hirer Famill geroden ze ënnerhuelen?
5. Wat fir Moyene stinn de Giischtercher zur Verfügung, fir sech am Fall vun enger kierperlecher Attack ze wieren?
6. Wisou gëtt d'Immobilisatioun am Prisong anescht gehandhaabt wéi bei Interventiounen baussent dem Prisong?
7. Ginn Ënnerscheeder gemaach, wéi männlech oder weiblech Giischtercher op gewalttätig Situatiounen am Alldag virbereet ginn?

**Réponse** (26/07/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

ad 1. E mannerjäregen Detenu ass den 29. Juni 2022 op Schraasseg komm an hien huet d'Fouille corporelle

duerch d'Beamte verweigert. Doropshin ass entscheet ginn, d'Fouille am Detenu senger Zell ze maachen. Den Detenu huet dunn eng Forschetten aus Plastik an d'Fanger kritt an hien huet ugefaangen, d'Beamten ze aggresséieren, mat Féiss ze rennen, mat de Fäischten ze schloen an ze bespätzen.

ad 2. Hei ass d'Unzuel vun den Aggressiounen op e Member vum Personal iwwert déi leschte 5 Joer:

- 2018: 5 Aggressiounen op e Member vum Personal an 3 Tentativen;
- 2019: 7 Aggressiounen op e Member vum Personal an 3 Tentativen;
- 2020: 8 Aggressiounen op e Member vum Personal an 3 Tentativen;
- 2021: 13 Aggressiounen op e Member vum Personal an 2 Tentativen;
- 2022: 10 Aggressiounen op e Member vum Personal.

Hei ass d'Unzuel vun de Bränn an de leschte 5 Joer:

- 2018: 0
- 2019: 0
- 2020: 2
- 2021: 6
- 2022: 1

An d'Unzuel vun de Mouvements collectifs/Streiken:

- 2018: 5
- 2019: 2
- 2020: 1
- 2021: 0
- 2022: 0

ad 3. Jo, d'Prisongspersonal gëtt iwwer all Menace vis-à-vis vun hinnen oder Membere vum hirer Famill informéiert.

Meeschtens ass de Beamte selwer dobäi, wann e Gefaangenen Drounge géint hien oder – vill méi seelen – géint seng Famill ausdréckt. An deene ganz rare Fäll, wou de Beamten net präsent war, kritt hien eng Copie vum „Compte rendu d'incident“ pour information a kann dann déi Schrëtt aleeden, déi hien an deem Fall fir néideg hält.

ad 4. De Giischtercher gëtt an deem Fall geroden, eng Plainte bei der Police ze maachen. Den Detenu gëtt op eng aner Abteilung geluecht, soudass hie kee Kontakt méi mat deem Agent huet. Da kann och all Agent en Appui psychologique bei der Fonction publique froen.

ad 5. Am Fall wou am Virus gewosst ass, dass den Detenu aggressiv ass, intervenéiert de Groupe d'intervention pénitentiaire (GRIP), deen dat néidegt Equipement huet. Ausserdeem hunn d'Beamten op den Abteilungen Handschellen, fir am Noutfall ze benotzen. Ab dem Hierscht, wann dat noutwenneg Material ukomm ass an déi virgeschriwwen Formatiounen gemaach gi sinn, wäerten den Agenten zwee zousätzlech Moyens de contrainte matériels zur Verfügung stoen, fir sech géint Menacé vu Säite vun den Detenuen ze wieren.

ad 6. Bei den Immobilisatiounstechniken gëtt et keen Ënnerscheed, ob se am Prisong oder ausserhalb vum Prisong ugewannt ginn.

ad 7. Nee, et gi keng Ënnerscheeder gemaach, wéi männlech oder weiblech Giischtercher op gewalttätig Situatiounen am Alldag virbereet ginn.

**Accords dérogatoires en matière de télétravail avec la France** | Question 6435 (01/07/2022) de **M. Marc Spautz** | **M. Laurent Mosar** (CSV)

Tout au long de la pandémie, le Luxembourg et ses pays voisins ont réussi à s'entendre sur des accords

dérogatoires fiscaux pour les frontaliers en télétravail. Ces dispositions dérogatoires ont pris fin le 30 juin 2022.

Tandis qu'un accord définitif avec la Belgique pour porter le nombre de jours en télétravail à 34 jours a trouvé l'approbation de la Chambre des Députés le 17 mai 2022, un accord similaire existerait avec la France, d'après certains articles de presse. Pourtant, pour l'instant et sauf erreur, aucun avenant à la convention de non double imposition avec la République française n'a été soumis à la Chambre des Députés. Pour ce qui est des frontaliers résidant en Allemagne, la fin de l'accord dérogatoire ferait passer le nombre de jours à prester en télétravail par eux à 19 jours. Des pourparlers seraient en cours.

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions suivantes à Madame le Ministre des Finances :

- Le Gouvernement peut-il nous confirmer qu'un accord fiscal définitif a été trouvé avec la France en matière de télétravail ?
- Dans l'affirmative, le Gouvernement peut-il indiquer quand l'avenant à la Convention de non double imposition avec la République française va être déposé à la Chambre des Députés ?
- Dans la négative, quelles garanties le Gouvernement a-t-il obtenues de la part des autorités françaises pour permettre aux frontaliers français de prester jusqu'à 34 jours de télétravail sans conséquence fiscale ? Dans le cas où un accord a été trouvé, comment est-ce que la limite des jours de télétravail sera calculée pour l'année en cours ?
- Le Gouvernement peut-il nous informer sur les pourparlers en la matière en cours avec ses homologues allemands ? Une augmentation du nombre de jours de télétravail à 34 jours est-elle réaliste ?
- Le Gouvernement peut-il nous expliquer comment sera calculée la limite des jours de travail pour les frontaliers belges en télétravail pour l'année en cours ?

**Réponse** (05/08/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Comme mentionné par les honorables Députés, un accord avec la Belgique a pu être trouvé l'année dernière afin de porter le nombre du seuil de tolérance en matière fiscale de 24 jours à 34 jours par le biais d'un avenant à la convention fiscale entre le Luxembourg et la Belgique. Si la loi d'approbation de cet avenant a été approuvée par la Chambre des Députés le 17 mai 2022, l'avenant n'a pas encore été ratifié par la Belgique. Dès que cette procédure sera achevée en Belgique, la disposition qui prévoit la hausse du seuil de tolérance entrera en vigueur avec effet rétroactif au 1<sup>er</sup> janvier 2022.

Lors de la Commission intergouvernementale franco-luxembourgeoise pour le renforcement de la coopération transfrontalière en octobre 2021, un accord de principe a été trouvé entre le Luxembourg et la France afin de prévoir une augmentation du seuil de tolérance en matière fiscale de 29 jours à 34 jours. Les autorités compétentes des deux pays sont en contact quant aux modalités techniques avec l'objectif de présenter et de signer un avenant à la Convention fiscale entre le Luxembourg et la France qui devra par la suite faire l'objet d'un projet de loi d'approbation soumis à la Chambre des Députés. Le seuil de tolérance actuellement applicable pour un frontalier résident en France est donc de 29 jours.

Finalement, en ce qui concerne l'Allemagne, des contacts entre les autorités compétentes luxembourgeoises et allemandes ont eu lieu afin d'initier un processus de négociation de certains éléments de la convention fiscale. Dans ce contexte, les autorités

luxembourgeoises se positionnent en faveur d'une hausse du seuil de tolérance en matière fiscale actuellement fixé à 19 jours afin de promouvoir le télétravail des deux côtés de la frontière.

**Prise en charge médicale des personnes fuyant la guerre en Ukraine** | Question **6436** (01/07/2022) de **M. Max Hengel** | **M. Claude Wiseler** | **M. Paul Galles** (CSV)

Aktuell kënnen ukrainesch Flüchtlingen hei zu Lëtzebuerg medezinnesch Consultatiounen an der Maison médicale an der Staat Lëtzebuerg gratis an Usproch huelen, am Fall wou si de Statut de protection temporaire nach net accordéiert kruten. Nodeems se awer de Statut de protection temporaire accordéiert kruten an domadder automatesch an der Caisse nationale de santé ageschriwwen sinn, müssen déi betraffe Persounen hir Dokteschrechnunge selwer bezuelen, fir se dono vun der Krankekeess rembourséiert ze kréien. Kuckt ee sech déi limitéiert finanziell Aiden un, déi en ukrainesch Flüchtling mam Statut de protection temporaire hei zu Lëtzebuerg zegutt huet, ass dëst en Ëmstand, dee vill concernéiert Leit a finanziell Problemer brénge kann. Doriwwer eraus krute mir vu Leit vum Terrain matgedeelt, dass dëst net ëmmer esou gereegelt war, mee op eng rezent Decisioun zeréckzeféieren ass, an nach viru kuerzer Zäit all ukrainesch Flüchtling, egal ob mat oder ouni Statut de protection temporaire, medezinnesch Assistance gratis an der Starter Maison médicale an Usproch huele konnt.

An deem Zesummenhang géife mir gäre folgend Froen un den Här Minister fir Immigration an Asyl an un den Här Minister fir sozial Sécherheet stellen:

1. Kënnen d'Häre Ministeren déi uewe genannten Informationsbestäteen a gouf et eng rezent Decisioun, déi festgehalen huet, dass ukrainesch Flüchtlinge mam temporäre Statut medezinnesch Consultatiounen net gratis an Usproch huelen dierfen, mee se aus hirer eegener Täsch bezuelen müssen?

• Wa jo, mat wat fir enger Motivatioun gouf dëst ëmgeännert?

2. Wéi kréien aktuell Persounen mat engem Statut de protection temporaire gehollef, déi net déi néideg finanziell Moyenen hunn, hir Dokteschrechnunge selwer ze bezuelen?

3. Wëssend, dass eng Persoun mam Statut de protection temporaire dacks nëmme limitéiert finanziell Mëttelen zur Verfügung huet an et deemno fir si schwéier ka sinn, eng Dokteschrechnung aus der eegener Täsch ze bezuelen, wéi gedenkt d'Regierung, de betraffene Persounen finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen?

**Réponse** (28/07/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre de l'Immigration et de l'Asile | **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

ad 1. Bis zum Akrafttriede vum Gesetz vum 10. Mee 2022 iwwer d'Ännerung vun den Artikelen 1 an 32 vum Code vun der sozialer Sécherheet konnt jidder Persoun, déi aus der Ukrain huet misse flüchten, gratis medezinnesch Assistance an der Maison médicale zu Stroossen an Usproch huelen. Zënter dem 10. Mee 2022 ass all Persoun, déi de Statut de protection temporaire huet, duerch d'Gesetzesännerung obligatoresch krankverséichert an huet Zougang op d'Leeschunge vun der Krankversécherung ouni Karenzzäit (wat de Fall bei enger volontärer Affiliatioun ass). Aktuell hu 4.158 Persounen de Statut de protection temporaire zu Lëtzebuerg accordéiert krut. All Persoun, déi aus der Ukrain huet misse flüchten an nach net de Statut de protection temporaire krut, huet weiderhin Zougang op gratis medezinnesch Assistance an der Maison médicale.

ad 2. an 3. Den Office national de l'accueil (ONA) gëtt jidder Persoun, déi de Statut de protection temporaire huet, d'Méiglechkeet, sech beim Bezuele vun de medezinneschen Rechnungen ënnerstëtzen ze loosse. All Persoun kann hir medezinnesch Rechnungen op hirem monatleche Rendez-vous beim ONA ofginn. Den ONA iwwerhëlt d'Bezuele vun der Rechnung, wa verschidde Konditiounen erfëllt sinn: (1) D'Persoun huet de Statut de protection temporaire, (2) d'Persoun huet Recht op déi materiell Leeschunge vum ONA an (3) déi fakturéiert Akte sinn eligibel fir e partiellen oder komplette Remboursement duerch d'Krankversécherung. Déi concernéiert Organisme schaffen awer weiderhin un enger Verbesserung vun den administrativen Prozeduren am Interêt vum Patient.

**Invitation à des conférences de membres du Gouvernement par des entreprises privées** | Question **6437** (01/07/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Wéi den Ausseministère iwwer Twitter gemellt huet, huet de Minister Jean Asselborn op Invitatioun vun der Volkswagen AG den 30. Juni 2022 am däitsche Braunschweig en Impulsvortrag zum Thema „Paradigmenwechsel in Europa nach dem russischen Angriffskrieg in der Ukraine“ gehalten.

D'Fro, ob an a wéi engem Kader et Deputéierten a Ministere soll erlaabt sinn, Virträgg op Ufro vun der Privatwirtschaft ze halen (an dofir zum Deel och héich Virtragshonorarer ze erhalen), huet an der Vergaangenheet international ëmmer nees fir Kontroverse gesuergt, well finanziell Interëten d'Neutralitéit vun de Politiker ënnergruewe kéinten.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Premierminister an dem Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa dës Froe stellen:

1. Ass de Minister fir de genannte Virtrag bezuelt ginn?

2. Wien huet d'Käschte fir d'Rees an eventuell fir eng Ënnerkonft am Kader vum genannte Virtrag iwwerhollt?

3. Ass de Premierminister der Meenung, dass d'Lëtzeburger Gesetzgebung d'Neutralitéit vu politeschen Mandatsträger a spezifesch de Regierungsmemberen ausräichend garantéiert?

Wou gesäit de Minister an dësem Beräich nach Verbesserungspotential, wat d'gesetzlech Basis ugeet?

**Réponse** (05/07/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. Nee.

ad 2. Den Ausseministère huet d'Käschte fir den Transport a fir eng Nuecht am Hôtel iwwerhollt, sou wéi dat fir Reese vum Aussen- an Europaminister üblich ass.

De Minister Asselborn hat eng Reunioun mam Ministerpräsident vun Niedersachsen Stephan Weil zu Hannover an huet zu Braunschweig un enger Konferenz deelgeholl vum VW-Konzern iwwer déi geopolitesch Konsequenze vun der russescher Invasioun vun der Ukraine. Dem Minister säin Discours ass un dës Äntwert annexéiert.

ad 3. D'Deontologie-Reegele fir Regierungsmemberen, dorënner och déi fir den Ëmgang mat potentiellen Interessenkonflikter souwéi den externen Aktivitéiten, deenen e Regierungsmember am Laf vu sengem Mandat noget, sinn am „arrêté grand-ducal du 14 mars 2022 fixant les règles déontologiques des membres du Gouvernement“ festgehalen (cf. Artikel 4 a méi spezifesch fir Rieden och den Artikel 11).

Dës Reegele si kloer a ginn och vu kompetenten internationalen Gremie wéi dem GRECO gepréift.

**Transformation de la force de réaction rapide de l'OTAN (Nato Response Force)** | Question **6441** (04/07/2022) de **M. Claude Wiseler** (CSV)

Face à la guerre en Ukraine, les dirigeants de l'OTAN et les ministres de la Défense des États membres de l'Alliance transatlantique se sont mis d'accord lors du sommet à Madrid du 29 juin 2022 pour transformer la Force de réaction rapide de l'OTAN (Nato Response Force) et porter les troupes à haut niveau de préparation opérationnelle bien au-dessus de 300.000 hommes, pour faire face à la menace russe.

Dans ce contexte je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Défense.

– Quelle sera la participation luxembourgeoise à cette augmentation de la capacité de réaction rapide de l'OTAN ?

– Quelles seront les conséquences de cette décision pour la Défense luxembourgeoise, ceci tant quant au matériel et qu'à l'organisation de l'armée ?

– Quel sera l'impact financier de la décision ?

**Réponse** (12/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Défense

Indépendamment de l'invasion russe en Ukraine et du sommet de Madrid – un rendez-vous dédié depuis longtemps à l'adoption d'un nouveau concept stratégique adapté aux nouvelles réalités géopolitiques, technologiques, sociétales et environnementales – l'OTAN a identifié un besoin accru en forces de réaction rapide, en particulier pour faire face en temps utile aux nouvelles réalités sur ses flancs exigeant une approche 360 degrés. L'invasion russe en Ukraine n'a que confirmé ce besoin. Dès lors il s'agit moins de créer de nouvelles unités, que

– d'augmenter la réactivité des forces existantes, afin qu'elles puissent être engagées plus rapidement, ainsi que

– de structurer et d'équiper ces forces de façon à ce qu'elles puissent affronter des adversaires plus sophistiqués que jamais et ceci dans tous les domaines (terre, air, mer, espace, cyberspace).

Ce sont tout d'abord des efforts de dissuasion.

Dans le cadre de cette transformation, menant à un nouveau modèle des forces (New Force Model ou NFM) incluant la nouvelle Force de réaction rapide, l'OTAN développe un dispositif de défense cohérent incluant les groupements multinationaux établis dans le cadre de la présence avancée rehaussée (enhanced Forward Presence), où le Luxembourg contribue depuis 2017 et ce de manière renforcée depuis l'invasion russe en Ukraine.

En parallèle, en réponse aux besoins capacitaires accrues identifiés par la planification de défense de l'OTAN la défense luxembourgeoise a accepté en 2021 des objectifs ambitieux, qui s'intégreront logiquement dans ce NFM. Le bataillon de reconnaissance de combat binational belgo-luxembourgeois à mettre sur pied durant les prochaines années en représente l'effort principal dans le domaine terrestre. En attendant, les deux compagnies de reconnaissance légères existantes sont prises en considération à tout moment et se retrouveront transformées au sein du futur bataillon binational.

Le volume et le type de matériel nécessaires étant définis par le processus de planification précité, des efforts additionnels seront nécessaires en matière de réactivité néanmoins pour s'intégrer dans le nouveau modèle. Concrètement les unités devront être mieux entraînées et être en mesure d'être déployées plus rapidement qu'actuellement. Fondamentalement, il n'y aura pas de changement majeur à réaliser au niveau de l'organisation de l'armée outre les changements



déjà prévus. À ce stade prématuré, il n'est pas possible de donner des détails sur le volume de forces à affecter aux différentes catégories de réactivité. Tenant compte de la taille réduite de ses forces, le Luxembourg devra se coordonner avec ses partenaires traditionnels.

Au niveau national, un équilibre s'impose entre la continuation des participations à des engagements de gestion de crise, aux éléments de présence avancée sur le flanc oriental de l'OTAN, et aux forces de haute réactivité tant de l'OTAN que de l'Union européenne.

L'impact financier de ces décisions ne sera ainsi moins créé par de nouveaux besoins en ressources matérielles ou humaines, autres ceux déjà prévus, mais surtout par des coûts de fonctionnement accrus (entraînements plus réguliers au niveau multinational, coûts de transport, coûts de rémunération du personnel, coûts d'entretien des matériels et de remplacement des munitions).

**Communiqué sur l'adaptation de la circulaire relative aux droits et devoirs des agents de l'État dans leurs relations avec la presse** | Question 6442 (04/07/2022) de **Mme Diane Aehm** (CSV)

Le 27 juin dernier, le Gouvernement diffusait un communiqué sur l'adaptation de la circulaire relative aux droits et devoirs des agents de l'État dans leurs relations avec la presse (dite « Circulaire Bettel »).

Cette nouvelle circulaire prévoit notamment l'obligation de traiter les demandes d'information endéans 24 heures suivant la demande soit par l'envoi de l'information demandée soit par l'envoi d'un accusé de réception accompagné du délai nécessaire estimé pour le traitement de la demande.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Communications et des Médias :

1) Le nombre d'attachés de presse, qui centralisent et coordonnent les demandes des journalistes, a considérablement augmenté ces dernières années. Combien d'attachés de presse ou communicants ont été engagés ces dix dernières années pour chaque ministère ?

2) Combien de demandes de journalistes ont été introduites ces deux dernières années pour chaque ministère ? Quelle est la durée moyenne de traitement des demandes de journalistes ? Dans combien de cas est-ce que les journalistes ont été obligés de revenir à la charge parce que l'information fournie ne les satisfait pas ?

3) L'accord de coalition 2018-2023 prévoit les dispositions suivantes : « L'accès aux informations des différents ministères et administrations est essentiel pour le travail des journalistes. Ainsi, afin de permettre le traitement dans les meilleurs délais des requêtes journalistiques et de garantir les flux d'informations, les moyens nécessaires seront mis en œuvre en étroite collaboration avec le Conseil de presse et les associations professionnelles des journalistes. » Pour de nombreux journalistes, ces « moyens nécessaires » se traduisent par un droit d'accès aux informations. Est-ce que Monsieur le Ministre entend déposer un projet de loi correspondant à la Chambre des Députés avant la fin de la période législative en cours ? Dans l'affirmative, quand est-ce que ce projet de loi sera déposé ? Dans la négative, pourquoi pas ?

**Réponse** (01/08/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Communications et des Médias

ad 1) L'opération de recensement auprès des ministères du nombre d'agents « attachés de presse » par rapport à 2012 aboutit à 53,5 personnes (cf. tableau du

recensement infra). Si un certain nombre de personnes ont été recrutées après 2012, d'autres déjà en poste ont vu modifier leur tâche. Parmi les agents de l'État qui portent le titre d'« attaché de presse » il y en a qui remplissent une partie de leur temps de travail d'autres fonctions au sein de leur organisation. Les uns travaillent à temps plein, tandis que d'autres ont une tâche partielle, d'autres encore remplacent ponctuellement leurs collègues en cas d'absence ou de congé. En plus, durant la dernière décennie, il y a eu une série de remaniements ministériels ou de réorganisations de portefeuilles ministériels. En effet, différents ministères ont fusionné (comme par exemple en 2013 le Ministère des Classes moyennes et du Tourisme a fusionné avec le Ministère de l'Économie), tandis que d'autres ont vu le jour (comme la création en 2018 d'un Ministère de l'Énergie). Ainsi, l'évolution du seul nombre d'agents « attachés de presse » depuis 2012 dans les ministères pour centraliser et coordonner les demandes des journalistes ne doit pas mener à des conclusions hâtives alors que le pourcentage de la tâche y dédiée effectivement serait réellement pertinent. Ceci est d'autant plus vrai que le paysage médiatique a fortement évolué depuis 2012.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 2) À l'heure actuelle, il n'existe aucun moyen de recenser les informations sollicitées par l'honorable Députée. Pour s'assurer de l'efficacité des nouvelles mesures introduites par la circulaire, un formulaire digital permettant aux journalistes de rapporter d'éventuelles difficultés rencontrées dans l'application de la circulaire sera prochainement mis en ligne. Dans ce même ordre d'idées, un bilan de l'application de la circulaire sera effectué après un délai de six mois qui prendra également en compte les éventuelles remarques et recommandations formulées par les attachés de presse.

ad 3) La nouvelle version de la circulaire relative aux droits et devoirs des agents de l'État dans leurs relations avec la presse (dite « Circulaire Bettel ») est le fruit de consultations menées entre le Conseil de presse, l'Association luxembourgeoise des journalistes professionnels et le Gouvernement et s'inscrit dans l'objectif d'une amélioration continue de l'accès aux informations détenues par les départements ministériels, administrations et services de l'État. Afin d'organiser au mieux le flux d'informations dans le respect des délais de réponse requis pour le travail journalistique, la nouvelle circulaire prévoit une série de mesures visant à uniformiser la procédure à suivre en cas de demandes d'informations de la part de journalistes. La circulaire prévoit l'obligation de traiter les demandes d'information endéans les 24 heures suivant la demande se traduisant soit par l'envoi de l'information demandée soit par l'envoi d'un accusé de réception accompagné du délai nécessaire estimé à la communication de l'information ainsi que l'obligation d'indiquer la justification légale si l'information demandée ne peut être fournie. La circulaire crée donc un accès aux informations.

À ce stade, le Gouvernement n'entend pas déposer de projet de loi. En effet, le Gouvernement s'est engagé à effectuer un bilan de l'application de la circulaire ainsi que de la loi modifiée du 14 septembre 2018 relative à une administration transparente et ouverte avant de procéder à des modifications législatives éventuelles.

**Droits sociaux des bénéficiaires de protection temporaire (BPT)** | Question 6448 (05/07/2022) de **M. Paul Galles** (CSV)

Zanter dem Ausbroch vum Krich an der Ukrain hu verschidde Länner, wéi Frankräich an d'Belsch, Overture

fir méi Rechter op finanziell an aner Prestatiounen gemaach. A Frankräich gëtt et zum Beispill e Recht op Kannergeld, wéi och an der Belsch, a souguer e gratis Accueil an de Crêchen. An Däitschland kréien d'BPT weider Sozialleeschtungen (Hartz IV). Deemgéintwuer huet Lëtzebuerg all déi genannte Leeschtungen aus eisen Nopeschlänner net agefouert. Et géif awer hëllefen, zousätzlech finanziell Moosnamen ze ënnerehuelen, déi d'Leit aus der Ukrain an hir Familljen hei zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen. Weider gëtt et och nach Onkloerheete bezüglech de Revenu de remplacement bei de BPT.

Am Kontext vum Recht op Kannergeld fir flüchtend Famillje géif ech gäre follgend Froen un d'Familljeminstresch, den Aarbechtsminister an den Här Minister fir Immigratioun an Asyl stellen:

– Ass d'Regierung gewëllt, de BPT zousätzlech Hëllefen zoukommen ze loosse?

– Wa jo, wéini soll dat geschéien an ëm wéi eng Aiden a Montante soll et sech handelen?

– Wann nee, firwat net?

– Kéinten d'Gemengen a leschem Fall sech selwer engagéieren?

– Hunn déi Leit, déi geschwënn sechs Méint hei schaffen, e Recht op Chômage, wann se licenciéiert ginn? A kënnen se vun der bezuelter Offer vun der ADEM profitéieren?

**Réponse** (08/08/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre de l'Immigration et de l'Asile | **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

All Persoun am Statut de protection temporaire (BPT) huet en Urecht op déi materiell Hëllef vum Nationale Büro fir Opnam (ONA), wann si iwwer keng ausräichend eege Mëttel verfüügt an net vun enger Privatpersoun en charge geholl gëtt. Déi weider Voraussetzung dozou ass eng Attestation de protection temporaire, déi vun der Direction de l'immigration vum Ausseministerium ausgestallt gëtt. D'Hëllef gi vum ONA en nature, a boer oder a Form vu Bongen accordéiert, an dat fir de gesamten Zäitraum vum temporäre Schutz. Si gi fixéiert no der Zesummesetzung vum jeeweilege Stot, dem Alter vun de Memberen am Stot an de finanzielle Ressourcen, déi de BPT zur Verfügung stinn.

All BPT huet en Urecht op d'Ënnerkonft an enger staatlecher Struktur vum ONA. Onofhängeg dovunner, ob eng BPT-Persoun an esou enger Struktur oder privat wunnt, profitéiert si ausserdeem vun dese Leeschtungen:

- finanziellen Zouschoss (monatlech Täschegeld);
- Hëllef fir Kleedung (zweemol am Joer);
- Hëllef fir de Kaf vu Schoulsaachen (eemol am Joer);
- Zougang zur medezinnescher Versuergung a Prise en charge vun de Käschten.

Bei Bedarf kënnen dës Hëllefeng ergänzt ginn duerch eng Hëllef fir Hygiène-Produkten oder besonnesch Liewensmëttel wéi zum Beispill fir jonk Bëbëen.

BPT-Persounen, déi privat wunnen, kréien ausserdeem eng monatlech Hëllef fir de Kaf vu Liewensmëttelen.

Dës materiell Hëllef si gesetzlech festgeschriwwen duerch d'Loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire, et modifiant la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat. Iwwer dës Hëllefeng eraus kann den ONA keng weider Leeschtungen zoukomme loosse.

D'Gemenge si schonn haut am soziale Beräich täteg an intervenéiere meeschtens complementaire zum Staat, wéi zum Beispill bei der Allocation de vie chère oder bei der Heizkäschtenzoulag. Wann d'Gemengen intervenéieren, muss dat wéi gewéinlech am Intérêt communal sinn an därëf net contraire zu bestoende Gesetzter a Reglementer sinn.

BPT-Persounen, déi zu Lëtzebuerg geschafft hunn, an eng Chômage-Demande bei der ADEM areeche, hunn en Urecht op Chômage wéi all aner Salarié, wann si d'Konditiounen vum Artikel L. 521-1. et suivants vum Code du travail erfüllen.

Falls mat „bezuelter Offer vun der ADEM“ Mesurë gemengt si wéi beispillsweis de Stage de professionnalisation oder de Contrat de réinsertion-emploi, dann ass d'Äntwert déi selwecht ewéi virdru beim Chômage.

#### Aide aux devoirs gratuite | Question 6454 (07/07/2022) de Mme Francine Closener (LSAP)

À l'occasion de la rentrée scolaire 2021-2022, Monsieur le Ministre a annoncé le développement d'un concept d'aide aux devoirs gratuite qui sera introduit à partir de la rentrée scolaire 2022-2023. Le dossier de presse y relatif précise entre autres qu'« [u]ne offre de soutien scolaire cohérente, gratuite et facilement accessible est un élément essentiel de la lutte pour l'équité des chances entre tous les élèves » et que « [d]ans les mois à venir, des discussions seront menées avec les partenaires concernés pour développer le concept d'une offre qualitative d'aide aux devoirs à l'échelle nationale pour les élèves de l'enseignement fondamental ». D'autre part, l'accord de coalition prévoit la mise en place d'une aide aux devoirs par les écoles de l'enseignement fondamental, assurée par du personnel qualifié.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

- 1) Dans quelle mesure les écoles seront-elles impliquées dans la réalisation du concept vu que l'accord de coalition prévoit que « [l]es écoles de l'enseignement fondamental seront amenées à développer un concept d'aide aux devoirs, avec la possibilité de recourir à des heures supplémentaires prestées volontairement » ? Dans ce contexte, une offre étendue d'aide aux devoirs par du personnel qualifié sera garantie ?
- 2) Quels établissements mettront en place le soutien aux élèves ? Sera-t-il géré par les écoles ou par des structures d'éducation et d'accueil ?
- 3) S'agit-il d'une aide aux devoirs ou bien de cours d'appui ciblés sur des matières spécifiques dans lesquelles les élèves présentent des difficultés ?
- 4) L'offre s'adressera-t-elle à tous les élèves ou bien uniquement aux élèves de l'enseignement fondamental ?
- 5) Est-ce que le soutien aux élèves sera facultatif ou obligatoire ?
- 6) Combien d'élèves pourront profiter de cette offre ?
- 7) Quelles qualifications seront requises du personnel afin d'assurer une offre de qualité ?

**Réponse** (01/08/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1) et 2) Les discussions actuelles autour de l'introduction d'une aide aux devoirs généralisée nécessitent en premier lieu une clarification des termes et des concepts pédagogiques utilisés.

Force est de constater qu'il existe plusieurs niveaux d'apprentissage au sein de l'enseignement fondamental :

- l'enseignement en classe ;
- l'appui pédagogique (en allemand « Schulische Nachhilfe ») et
- les devoirs à domicile et l'aide aux devoirs à domicile (en all. « Hausaufgabenhilfe »).

Le développement des compétences ainsi que l'enseignement de nouveaux contenus sont réservés à l'enseignant pendant les heures de classe. Il donne les explications nécessaires aux élèves, répond aux questions éventuelles, fait faire des exercices et les corrige afin que l'élève développe les compétences définies par le plan d'études et assimile de nouveaux contenus. Pendant les heures de cours, l'enseignant vérifie si ses élèves ont bien compris ce qui a été traité en classe.

L'appui pédagogique décrit par la législation en vigueur est organisé par l'équipe pédagogique et assuré par le personnel enseignant de l'école et comprend des mesures de soutien et de différenciation, afin de soutenir un élève qui a accumulé un retard scolaire, un élève qui a des questions de compréhension ou qui rencontre d'autres difficultés dans l'apprentissage.

L'enseignant assure à la fois l'enseignement direct et l'appui pédagogique dans le cadre des mesures de différenciation discutées et définies au niveau de l'équipe pédagogique. Sa tâche comprend entre autres la conduite des leçons ou de l'appui pédagogique ainsi que la préparation des leçons, respectivement des heures d'appui<sup>5</sup>.

Les devoirs à domicile sont des tâches confiées par l'enseignant à l'élève qui sont à réaliser après les heures de cours. Ce sont des exercices de répétition, des corrections, des approfondissements que les élèves doivent pouvoir effectuer de façon autonome. Ils leur permettent d'assimiler davantage les apprentissages et de développer une autonomie et une capacité de gestion du temps. L'aide aux devoirs à domicile est la mise en place d'un cadre propice à l'exécution de ces tâches. Il va de soi que les élèves reçoivent en classe les explications indispensables à la réalisation des devoirs à domicile et, le cas échéant, les outils contribuant à la réalisation autonome des tâches leur confiées.

Luxembourg un système bicéphale s'est mis en place au niveau institutionnel au cours des dernières décennies, réservant l'enseignement et l'appui pédagogique à l'école et laissant l'organisation de l'aide aux devoirs à domicile aux services d'éducation et d'accueil (SEA). Ainsi, la Ministre de l'Éducation nationale de l'époque tenait déjà à préciser dans la circulaire de printemps pour la rentrée 2005-2006 ce qui suit : « S'il est important que les parents s'intéressent au travail scolaire de leurs enfants et qu'ils accompagnent leur progrès, il n'est en revanche pas indiqué qu'ils doivent suppléer à l'école. C'est dans le souci de rendre l'école plus performante et équitable que [...] je demande aux communes d'offrir une aide aux devoirs. »

Dans cette logique, l'aide aux devoirs à domicile ne se substitue pas au travail de l'école, mais reproduit un milieu favorable à l'accomplissement des devoirs à domicile similaire à celui qu'on pourrait retrouver dans le contexte familial.

La mission des SEA dans le contexte des devoirs à domicile a par la suite été inscrite dans le règlement grand-ducal modifié du 14 novembre 2013 comme élément essentiel afin d'être considéré comme structure d'éducation et d'accueil agréée. L'article 2 du règlement grand-ducal en question dispose : « Pour pou-

voir être considéré comme service d'éducation et d'accueil pour enfants, le service doit fournir au moins les prestations tendant : (...) à des études surveillées consistant à offrir aux enfants scolarisés un cadre favorable à l'exécution des devoirs à domicile de façon autonome, dans des conditions de calme avec une surveillance et un soutien minimal ».

Le cadre de référence national sur l'éducation non formelle des enfants et des jeunes introduit en 2017 dans le contexte de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse, comprend également comme mission des SEA d'offrir des mesures favorisant la réussite scolaire, à savoir l'aide et l'accompagnement des travaux à domicile ainsi que des activités d'approfondissement.<sup>6</sup>

C'est dans cette logique que les services de mon ministère ont développé le nouveau concept de la « Hausaufgabenhëllef », en s'appuyant sur le dispositif existant et en développant l'offre d'aide aux devoirs dans les SEA. Chaque SEA (comme chaque assistant parental), est tenu d'offrir aux élèves des cycles 2 à 4 un environnement calme et serein, propice à l'exécution des devoirs à domicile. Le personnel soutient et conseille l'enfant dans l'organisation de son travail. Si l'enfant a des difficultés à cerner la tâche à accomplir, il l'aide à la comprendre. Lorsque l'enfant a terminé, il vérifie avec lui si tous les devoirs sont achevés. Lorsque l'enfant rencontre des difficultés, il en informe l'éducateur (ou l'assistant parental). Celui-ci fait décrire les difficultés par l'enfant et les transcrit dans l'e-Bichelchen (le journal de classe digital) afin d'en informer les parents et l'enseignant. Toutefois, il n'appartient pas au personnel éducatif de corriger les devoirs en question. Si un enfant a des difficultés avec la matière, il revient à l'enseignant de la lui réexpliquer.

Dans le double but de s'assurer que l'aide aux devoirs est une offre de qualité qui profite à tous les enfants, le dispositif sera évalué par l'Observatoire de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire.

Le nouveau dispositif poursuit essentiellement trois objectifs :

1. assurer une aide aux devoirs généralisée et harmonisée dans tous les SEA ;
2. garantir une formation de base pour le personnel qui intervient dans le contexte de l'aide aux devoirs ;
3. permettre une meilleure mise en réseau et une meilleure communication entre les partenaires scolaires (enseignants, élèves, parents, personnel éducatif).

Les devoirs à domicile font partie intégrante du système scolaire luxembourgeois. Des études internationales démontrent également la valeur ajoutée des devoirs à domicile, en tant que moyen de consolider et d'appliquer les contenus d'apprentissage introduits à l'école. Les résultats de l'étude Pisa 2018<sup>7</sup> confirment encore l'effet positif des devoirs à domicile, mais formulent également des préoccupations majeures concernant d'éventuels effets négatifs des devoirs à domicile :

- Trop de devoirs à la maison entraînent un effet négatif, car les élèves n'ont pas assez de temps pour des activités extrascolaires importantes qui contribuent également de manière significative au développement des enfants et des adolescents.
- Les devoirs à domicile risquent de renforcer les inégalités sociales, car les élèves issus de milieux défavorisés passent moins de temps à faire leurs devoirs à la maison, sont moins bien équipés matériellement et

<sup>6</sup> Cadre de référence national sur l'éducation non formelle des enfants et des jeunes

<sup>7</sup> OECD (2020), PISA 2018 Results (Volume V): Effective Policies, Successful Schools, PISA, OECD Publishing, Paris, <https://doi.org/10.1787/ca768d40-en>

<sup>5</sup> Règlement grand-ducal du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental



manquent parfois d'un endroit calme pour faire leurs devoirs en famille.

– Tensions au niveau de la famille.

Au Luxembourg, le fait que les parents issus de milieux défavorisés ne maîtrisent souvent pas les langues de l'école vient encore renforcer l'effet des inégalités sociaux.<sup>8</sup>

Alors que l'honorable Députée semble vouloir accorder plus d'importance aux devoirs à domicile et à l'aide aux devoirs, il y a eu par le passé des moments où les devoirs ont été fondamentalement remis en question en tant que tels. Je voudrais à nouveau renvoyer à la circulaire de printemps pour la rentrée 2005-2006 : « Ce que je demande aux enseignants, c'est de bien mesurer ce qu'ils peuvent exiger de chaque enfant et de ne pas s'adonner à l'illusion qu'une augmentation de la quantité du travail imposé aux élèves conduit nécessairement à une augmentation de la qualité de leurs performances. C'est en fait le contraire qui peut se produire, surtout lorsqu'il s'agit d'élèves en difficulté qui risquent d'être découragés et déstabilisés. »

Je ne peux que me rallier à la position de mon prédécesseur. L'extension de l'aide aux devoirs est souvent justifiée par la volonté de lutter contre les inégalités sociales, mais une « école après l'école » aurait justement l'effet inverse. Elle contribuerait à creuser davantage les inégalités sociales entre les élèves. Ceci est largement démontré par les systèmes scolaires qui ont recours de façon systématique à des structures d'aide et de soutien extrascolaires comme le Japon ou la Corée du Sud. Ce phénomène où les élèves doivent participer à des offres extrascolaires afin d'assurer l'accomplissement de l'apprentissage et la réussite scolaire ouvre grandement la porte à un marché d'offres commerciales et à une privatisation de l'enseignement. Les perdants d'une telle dynamique seraient les élèves déjà en difficulté.

Force est donc de constater que les devoirs à domicile doivent absolument être limités à des exercices de répétition, des corrections, des approfondissements que les élèves doivent pouvoir effectuer de façon autonome. Sinon, ce sont surtout les élèves socialement défavorisés qui risquent d'être désavantagés. Les mesures de soutien et de différenciation, afin de soutenir p. ex. un élève qui a accumulé un retard scolaire doivent être réservées à l'école dans le cadre de l'appui pédagogique. Sinon, l'école publique risque de perdre sa crédibilité dans les yeux des parents et des élèves qui risqueraient de se tourner vers des offres commerciales.

ad 3) Il s'agit d'une prestation « aide aux devoirs » conçue comme un approfondissement ou une répétition des apprentissages en classe et organisée par les SEA selon des modalités bien déterminées.

Je me permets néanmoins de rappeler que la réforme de l'enseignement fondamental a introduit un appui pédagogique qui est presté par le personnel enseignant de l'école fondamentale et qui consiste à offrir des mesures de soutien et de différenciation. Il s'adresse aussi bien à des enfants qui ont besoin d'un

soutien spécifique dans une matière particulière ou qui présentent un retard dans le développement de certaines compétences qu'à des enfants qui veulent davantage creuser un sujet ou l'approfondir. La tâche des enseignants brevetés prévoit 54 heures annuelles d'appui pédagogique, qu'ils effectuent au service des élèves en plus de leur tâche d'enseignement.

L'importance de cet appui pédagogique a entre autres été soulignée dans la circulaire ministérielle aux administrations communales concernant l'organisation de l'enseignement fondamental pour la rentrée 2020-2021 : « Un enfant qui a besoin d'un soutien spécifique dans une matière particulière ou qui présente un retard dans le développement de certaines compétences doit pouvoir compter sur le soutien de l'équipe pédagogique ; des mesures spécifiques doivent être organisées dans le cadre de l'appui pédagogique et être prévues, le cas échéant, dans le plan de développement de l'établissement scolaire. Il n'est ni du devoir des parents, ni du devoir de l'équipe socio-éducative de la structure d'éducation et d'accueil de prendre des mesures de remédiation, celles-ci relèvent du domaine de l'école. »

En outre, et en tant qu'offre complémentaire à l'appui pédagogique, la « Summerschool » est une initiative qui aide les élèves à rattraper d'éventuelles lacunes. Cette initiative, qui a été mise en œuvre une première fois durant l'été 2020, a rencontré un vif succès et connaîtra sa troisième édition du 29 août au 9 septembre 2022.

Sans vouloir m'aventurer dans l'interprétation des positions formulées par l'honorable Députée, il me semble qu'elle préconise l'extension de l'appui pédagogique et non pas de l'aide aux devoirs à domicile. Les ressources attribuées à l'appui pédagogique lors de la réforme de l'enseignement fondamental en 2009 ont été substantielles. Voilà pourquoi il me semble opportun d'évaluer le dispositif actuel avant d'y consacrer davantage de ressources.

ad 4) L'offre s'adresse aux élèves des cycles 2 à 4 fréquentant l'enseignement fondamental et étant inscrits auprès d'un SEA. L'inscription d'un enfant pour les plages réservées à l'aide aux devoirs est également possible, tandis que l'application e-Bichelchen sera destinée à tous les élèves de l'enseignement fondamental.

ad 5) Le dispositif mis en place est obligatoire pour les SEA (cf. cadre légal), il est facultatif pour les parents. Les parents peuvent décider que leur enfant ne fait pas ses devoirs au sein du SEA. Il suffit d'en informer préalablement le responsable du SEA.

ad 6) Tous les enfants inscrits auprès d'un SEA peuvent bénéficier de cette offre. À titre d'information, au 31 mars 2022, 35.308 enfants soumis à l'obligation scolaire étaient bénéficiaires du CSA. Dans la mesure des places disponibles, des élèves ne fréquentant pas le SEA jusqu'à présent, peuvent bénéficier uniquement de l'offre « aide aux devoirs » organisée au niveau d'un SEA.

ad 7) Il a été arrêté qu'une personne de référence sera désignée au sein du SEA qui devra être présente lors de la prestation « aide aux devoirs » et qui devra remplir les conditions suivantes :

– Disposer d'une qualification minimum de niveau fin d'études secondaires dans le domaine psycho-social, socio-éducatif ou pédagogique et destiné à l'encadrement des enfants, ou d'un diplôme niveau secondaire dans un autre domaine, à condition de se prévaloir d'une expérience professionnelle de deux ans dans le secteur de l'éducation non formelle.

– Disposer des connaissances linguistiques en français, allemand et luxembourgeois.

Le profil du personnel encadrant sera déterminé au sein d'un groupe de travail regroupant les représentants du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et du secteur de l'éducation non formelle pour enfants. Les dispositions relatives à la qualification et aux compétences linguistiques seront obligatoires à partir du 1<sup>er</sup> septembre 2024 au plus tard.

**Matériel à disposition des agents policiers | Question 6456 (07/07/2022) de M. Fernand Kartheiser | M. Fred Keup (ADR)**

D'Lëtzebuerger Police huet eleng am Joer 2021 wäit iwwer véier Milliounen Euro ausginn, fir Analysen duerchzeféieren, ewéi een d'Police grand-ducale méi effikass gestalte kann an iwwerdeems och der opkommender Digitaliséierung Rechnung droe kann. Leider scheitert et dacks u banale Klenggekeeten, déi verhënnere, datt d'Beamten effikass schaffe kënnen. An deem Kontext huet e Kommissär vun der Police dem zoustännege Service (DTP – Direction des technologies policières) scho viru Méint matgedeelt, datt seng Imprimante net méi fonctionéiert. Offiziell Bréiwer sinn an deem Kontext onbeäntwert bliwwen. Dëst féiert dozou, datt Beamten iwwert e puer Stäck duerch dat ganz Gebai lafe mussen, fir och nëmmen eng einfach Kopie ze maachen oder eppes auszedrëcken. Dacks mussen d'Beamten och op d'Imprimanten aus de Verneemungszëmmeren zeréckgräifen, an, wann dës besat sinn, muss de Policebeamten dacks laang waarden, fir iwwerhaupt kënnen eng Kopie ze maachen oder eppes auszedrëcken.

An engem anere Fall huet e Policekommissariat e Laptop, deem un eng Imprimante ugeschloss soll sinn, gebraucht, fir am Kader vun enger Fermeture vun engem Police-Büro senger Aarbecht weiderhi kënnen nozegoen. Bal zwee Joer ass d'Demande vum Kommissariat un d'Verwaltung onbeäntwert bliwwen, soudatt déi zoustännege Beamten de Laptop schlussendlech aus hirer Kaffiskeess bezuelt hunn.

Grad fir eng Police, déi sech no baussen hin effikass opstelle wëll an zudeem iwwert Personalmangel beréicht, schéngt dësen Zoustand ganz bedauerlech ze sinn.

Et ass dach awer evident, datt d'Verwaltung onbedéngt dofir suerge muss, fir datt d'Policebeamten hirer Aarbecht ënner de beschtméigleche Konditione kënnen nogoen an déi uewe beschriwwen Faite stinn deem jo awer diametral géintwärt.

An deem Kontext hätte mir follgend Froen un d'Regierung:

1. Ass et an den Ae vun der Regierung net onverantwortlech, datt d'Demande vu Policebeamten, fir eng Imprimante ze kréien, fir esou kënnen normal an ouni onnéidegen Zäitverloscht hirer Aarbecht nozegoen, iwwert Méint vum zoustännege Service onbeäntwert bleift?

2. Ass et an den Ae vun der Regierung net onverantwortlech, datt Policebeamte Material, ewéi zum Beispill e Laptop, wat si onbedéngt brauchen, fir hirer Aarbecht kënnen nozegoen, aus hirer eegener Täsch, respektiv, aus der Kaffiskeess, musse finanzéieren? Wéi ass et an deem Kontext méiglech, datt den zoustännege Service iwwert Joren d'Demande vun de Beamte fir e Laptop onbeäntwert gelooss huet?

3. Wéi ass et an den Ae vun der Regierung méiglech, datt d'Police Milliounen Euro ausgëtt, fir Analysen duerchzeféieren, ewéi een d'Police méi effikass gestalte kann, an op där anerer Säit hir Beamte quasi am Reen stoe léisst, wann et ëm Banalitéite geet, ewéi zum Beispill d'Beschafe vu Material ewéi Imprimanten oder

<sup>8</sup> Der sozioökonomische und der sprachliche Hintergrund der Schülerinnen und Schüler hat nach wie vor einen entscheidenden Einfluss auf ihre Schullaufbahn (vgl. Hadjar & Backes; Chauvel & Schiele). Schülerinnen und Schüler, die zu Hause weder Luxemburgisch noch Deutsch sprechen und aus sozial benachteiligten Familien kommen, haben sich im Vergleich zum letzten Bildungsbericht vor drei Jahren in allen untersuchten Kompetenzbereichen – auch unabhängig von den Folgen der Covid-19-Pandemie – weiter verschlechtert. Damit geht die soziale Schere im luxemburgischen Bildungssystem auseinander, die Leistungsunterschiede zwischen den Schülergruppen wachsen. vgl. Bereit für die Zukunft? Der dritte Bildungsbericht für Luxemburg Thomas Lenz, Susanne Backes, Sonja Ugen & Antoine Fischbach, S.11–12

engem Laptop, wat d'Beamte onbedéngt brauchen, fir hirer Aarbecht kënnen nozegoen?

4. Wéi wëll d'Regierung elo konkret virgoen, fir dës Mëssstänn ze behiemen an a wéi engem zäitliche Kader ka mam restlose Behiemen vun deenen uewen opgezielte Mëssstänn gerechent ginn?

**Réponse** (08/08/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. Déi ugeschwaten Demande ass der Generaldirektioun bekannt. Déi betreffen Unitéit verfuegt aktuell iwwer fénnef Printer bei engem Effectif vun dräizéng Leit. Opgrond vun engem neie Printer-Projet, deen usteet, gouf matgedeelt, dass defekt Material bis op Weideres net géif ersat ginn. Et ass och ze ennersträichen, dass op all Stack mindestens ee Printer disponibel ass.

D'Erneuerung vum komplette Bestand vun de Printer ass duerch eng „procédure ouverte“ ugangs 2022 ausgeschriwwen ginn.

ad 2. an 3. D'Konzept vum mobile Schaffen ass en Deel vun der Digitalisatioun, déi d'Police amgang ass auszuschaffen. An dësem Kader geet et net duer, fir Hardware zur Verfügung ze stellen, mee den Accès op d'Police-Systemer muss och garantéiert sinn. Dat setzt viraus, dass den Envrionnement fir e mobilen Accès konfiguréiert ass an dass mobil Applikatiounen an och d'Sécherheet vum Réseau garantéiert sinn. En attendant, dass déi néideg Etüden an d'Konfiguratioun wäit genuch fortgeschritt sinn, mécht et aktuell kee Sënn, Material ze finanzéieren an ze verdeelen, dat net an dat finaalt Konzept passt. Deementspreechend ginn de Moment ausser normale Smartphoné keng mobil Geräter fir de polizeilechen Aussendéngscht vun de Kommissariater virgesinn.

ad 4. Wéi hei uewendriwwer erkläert ass, sinn nei Konzepter an der Ausschaffung oder an der Ëmsetzung.

Wéi bei all aneren informatésche Projete sinn aktuell Verzögerungen an de Liwwerzäiten ze erwaarden. Gënn Datumen kënnen, Stand haut, leider net genannt ginn.

**Cambriolages dans la région de Michelau** | Question **6458** (07/07/2022) de **Mme Martine Hansen** | **M. Léon Gloden** (CSV)

Onsen Informatiounen no kuum et an de leschten Deeg zu enger Rei vun Abréich a privaten Haiser zu Méchela an an der Ëmgéigend.

An deem Kontext géife mir gäre folgend Froen un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet stellen:

1. Kann den Här Minister ons confirméieren, dass et an de leschten Deeg, zu a ronderëm Méchela, zu enger Rei vun Abréich komm ass?

2. Wa jo, kann den Här Minister ons konkret Zuelen nennen?

3. Huet den Här Minister weider Informatiounen zum Hannergrond vun dëse repetitive Virfäll an enger bestëmmter Géigend?

4. Gedenkt den Här Minister spezifesche op dës Virfäll ze reagéieren a wa jo, wéi?

**Réponse** (22/07/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. an 2. Et ass dem Minister bekannt, dass et säit dem 20. Juni 2022 zu enger Rei Abréich am Norde vum Land komm ass. Insgesamt sinn 8 Fäiten der Police gemellt, dovunner 6 an den Dierfer Méchela, Bierden an Ierpeldeng. Och Buerschent war betraff. Et gouf

an 3 Eefamiljenhaiser, 3 Weekendhaiser, eng Juegdhütt an an eng Schoul agebrach.

ad 3. De Service de police judiciaire ass mat den Enquêtes befaasst. Et ass net méiglech, Informatiounen zu lafenden Enquêtes effentlech ze maachen.

ad 4. De Policeminister ass net an déi operationell an alldeeglech Polizeiarbecht agebonnen. Déi operationell Reaktioun op spezifesche Virfäll läit an den Hänn vun der Police.

Eng vun de Premisse vun der Policereform vun 2018 ass, dass d'Police hir Dispositiver a Mesur sou reaktiv wéi nëmme méiglech kann upassen, fir all Zorte vu Phenomeener, déi en Impakt op d'effentlech Uerdnung hunn, entgéintzewierken.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3644 vum 15. Februar 2021 vum honorabelen Deputierte Léon Gloden erkläert gouf, setzt d'Police weiderhin op präventiv a visibel Policepatroullen an och op weider Präventiounscampagnen, dat bei gréisserer generellen Aktiounen („départ en vacances“, europäeschen Dag ouni Abroch, asw.) esou wéi och bei eenzele méi spezifeschen Aktiounen (Präsenz während der Foire du logement, Asaz vun der Präventiounscamionnette vun der Police zum Thema Abrochpräventioun bei gréisserer Manifestatioun mat Berodung op der Plaz asw.).

Donieft huet d'Police d'Initiativ geholl, fir all Gemengen ze invitéieren, fir bei de Baugeneemegunge vu Privatwunnengen den Informatiounsflyer vun der Police zum Thema Abrochpräventioun bäizeleeën. Zousätzlech dozou krut all Gemeng eng informatésche Versioun dovunner geschéckt, fir de Flyer an hirem Informatiounsblat ze publizéieren, wat och a ville Gemenge gemaach gouf.

All dës Aktiounen hunn als Haaptschwieerpunkt d'Sensibilisatioun vum Bierger par rapport zu der Thematik Abroch an den eenzele Protektiounsméiglechkeeten.

**Cambriolages dans la région de Michelau** | Question **6461** (08/07/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Il me revient de la population concernée qu'une série de cambriolages s'est produite en ces jours à Michelau, l'un des villages de la commune de Bourscheid. Hélas, la presse n'en a rien rapporté afin de sensibiliser les citoyens.

Dans ce contexte je m'empresse de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

1) Comment le nombre de cambriolages a-t-il évolué au cours des mois derniers dans la circonscription Nord, en particulier dans le canton de Diekirch ?

2) Les cambriolages récents sont-ils probablement le résultat des actions de bandes organisées sur notre territoire ?

3) La police envisage-t-elle de sensibiliser le plus vite la population concernée et inquiète ?

**Réponse** (22/07/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1) Le tableau ci-dessous renseigne sur le nombre total de cambriolages enregistrés statistiquement dans la « Région de police Nord » ces cinq dernières années. Pour 2022, seules les affaires saisies des six premiers mois de l'année sont prises en compte.

| Année | Cambriolages |
|-------|--------------|
| 2018  | 440          |
| 2019  | 381          |

|      |     |
|------|-----|
| 2020 | 297 |
| 2021 | 292 |
| 2022 | 140 |

Au vu de ces chiffres on peut constater que le nombre de cambriolages dans la région Nord a considérablement diminué en 2020 et 2021 par rapport aux années précédentes.

ad 2) Il n'est pas possible de divulguer des informations sur des enquêtes en cours.

ad 3) Une des prémisses de la réforme de la police de 2018 consiste à adapter continuellement et rapidement ses dispositifs et mesures, afin d'endiguer le plus rapidement possible tout phénomène ayant un impact sur l'ordre public. Pour des raisons évidentes, le détail opérationnel de ces dispositifs et mesures ne peut être rendu public.

Hormis une augmentation des patrouilles préventives visibles, la Police grand-ducale porte continuellement un accent tout particulier sur les campagnes de prévention, soit par des actions d'envergure médiatisées (campagne « départ en vacances », journée européenne sans cambriolages, etc.) soit par des actions plus ciblées (présence lors de la Foire du logement, présence de la nouvelle camionnette de prévention avec possibilité de consulter directement nos spécialistes de la prévention du crime lors d'événements locaux, etc.).

La Police grand-ducale continue de promouvoir régulièrement des actions de prévention auprès du grand public, notamment sur les réseaux sociaux (Facebook, Twitter, Instagram) et à travers des communiqués publiés sur son site Internet.

La police a pris l'initiative de contacter toutes les communes en vue d'annexer aux autorisations de bâtir de maisons privées une brochure d'information sur la prévention de cambriolages. Toutes les communes ont également reçu cette brochure en version électronique, afin de la publier dans leurs magazines communaux, ce que beaucoup de communes ont fait.

**Pénurie de personnel dans les maisons de soins** | Question **6465** (08/07/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Mir ass zougedroe ginn, dass zu Lëtzebuerg Zëmmeren an Alters- a Fleegeheemer eidel stinn, well net genuch Fleegepersonal zur Verfügung steet. Dëst géif natierlech seriö Froen opwerfen, besonnesch wann ee bedenkt, wéi séier d'Populatioun hei am Land wiisst an dass och an Zukunft ëmmer méi Leit op dës Strukture wäerten ugewise sinn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Familljeminister:

1. Kann d'Madamm Minister confirméieren, dass zu Lëtzebuerg effektiv Zëmmeren an Alters- a Fleegeheemer eidel stinn, well net genuch Fleegepersonal zur Verfügung steet?

Wa jo, wéi eng Alters- a Fleegeheemer sinn heivunner betraff? Wéi vill Zëmmerer genee stinn eidel?

2. Wa jo, wat gedenkt d'Regierung ze ennerhuelen, fir dësem Mëssstand entgéintzewierken?

3. Ass den Ament – en vue vum aktuellen demographesche Wuesstem – séchergestallt, dass Alters- a Fleegeheemer an Zukunft genuch Capacitéite wäerten hunn, fir déi bedierfteg Leit opzehuelen? Huet d'Regierung an deem Kontext scho Previsiounen a wéi gesinn dës genee aus?



**Réponse** (04/08/2022) de **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

ad 1. an 2. Der Regierung ass net bekannt, dass Zëmmeren an Alters- oder Fleegeheemer eidel stinn, well net genuch Fleegepersonal zur Verfügung stéing.

D'Regierung ass sech awer bewusst, dass nieft der Offer u Strukturen a Services och genuch Fleegepersonal noutwendeg ass, fir déi eeler Leit doheem oder an de Wunnstrukture gutt ze versueren.

Aus deem Grond huet de Gesondheetsministère, an Zesummenaarbecht mam Ministère fir sozial Sécherheet, dem Ministère fir Educatioun an Héichschoul an dem Familljeministère den 13. Juli 2022 eng Campagne fir d'Valorisation vun de Gesondheetsberuffer lancéiert, fir op dësem Wee jonk Leit fir déi Beruffer begeeschten ze kënnen an hinnen nei Perspektiven opzeweisen.

ad 3. Den aktuelle Previsiounen no wäert d'Liewenserwaardung fir d'Männer, déi aktuell bei 80,3 Joer läit, an den nächste Joerzénge bis an d'Joer 2070 op 86,6 Joer klammen. Bei de Frae gëtt eng Augmentatioun vun aktuell 85 Joer op 90,8 Joer virausgesot.

D'Leit iwwer 65 Joer maachen haut zu Lëtzebuerg 15,5 % vun eiser Gesellschaft aus. Dës Prozentsaz soll bis 2070 op 29,7 % vun der gesamter Gesellschaft klammen. Leit iwwer 80 Joer, déi haut nach 4 % vun eiser Gesellschaft ausmaachen, sollen zu deem Moment 12,3 % vun der Gesellschaft duerstellen<sup>9</sup>.

Weinst dësem méi héijen Undeel un eelere Leit an eiser Gesellschaft kéint och de Besoin u Fleg an d'Luucht goen.

Aktuell ginn et an den Alters- a Fleegeheemer, sou wéi se am groussherzogleche Règlement vum 8. Dezember 1999 definéiert sinn, 6.403 Better, dovun sinn der 3.930 an den Altersheemer (Centres intégrés pour personnes âgées – CIPA) an 2.473 an de Fleegeheemer (Maisons de soins – MS). Donieft sti weider 914 Better an de Struktüre fir betreit Wunnen (Logements encadrés) zur Verfügung<sup>10</sup>.

De Familljeministère huet Kenntnis vu ronn 3.000 zousätzleche Better (CIPA/MS), déi an der Diskussioun, an der Planung oder am Bau sinn.

Och wann den Impuls, fir Alters- oder Fleegeheemer ze bauen, an der Reegel vun de Gestionnaires ausgeet, sou huet de Staat iwwer d'ASFT-Gesetz d'Méiglechkeet, Bauten- a Renovatiounsprojeten zu engem Deel finanziell ze ënnerstëtzen.

Enger rezenter Ëmfro vun der TNS ILReS iwwert d'Zerfalletheet vun de Beneficiairë vun der Fleegeversécherung no wëllen 83 % vun de befragte Leit esoulaang wéi méiglech doheem bliewen<sup>11</sup>.

**Produits CBD** | Question **6469** (11/07/2022) de **M. Léon Gloden** (CSV)

An de leschte Jore sinn ëmmer méi Butteker bei eis am Land opgemaach ginn, déi Cannabidiolprodukte (CBD) verkaufen. Doduerch ass vill CBD, dee jo legal ass, am Ëmlaf an et ass fir d'Beamte vun der Police onméiglech, dës Produite vun de Marihuana-/Cannabisplanzen, déi jo momentan nach illegal sinn, ze ënnerscheeden. Laut mengen Informatiounen ginn et awer Schnelltester, fir den THC-Gehalt ze determinéieren an domat och déi

zwee Produite vuneneen ze ënnerscheeden. Allerdéngs soll just d'Douane sou Tester hunn, d'Police awer net.

Ech wëll an deem Kontext folgend Froen un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet stellen:

1. Kann den Här Minister meng Informatiounen confirméieren? Wa jo – firwat huet d'Police keng sou eng Tester zur Verfügung gestallt?

2. Wa jo – wéi sollen d'Policebeamten tëschent CBD-Produiten a Marihuana ënnerscheede kënnen?

3. Wéi sollen an Zukunft, wann de Cannabiskonsum bis legaliséiert ginn ass, dës Kontrollen assuréiert ginn?

**Réponse** (02/08/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. Et ginn aktuell keng Tester, déi et erméiglechen, fir den THC-Gehalt ze determinéieren. Dat, wat et scho gëtt, dat sinn Tester, déi uweisen, ob ee Produkt méi oder manner wéi 0,3 % THC enthält oder net. D'Douane huet esou e Produkt säit Kuerzem eréischt an der Testphas an dofir ass et nach ze fréi, fir kënnen ze soen, ob déi Tester och fiabel sinn. Fir de Moment sinn dës Tester eréischt eemol op enger grousser Kontroll zum Asaz komm.

ad 2. Fir den THC-Gehalt kënnen an engem Produkt ze determinéieren, gëtt de Produkt an de Laboratoire national de santé geschéckt, fir analyséiert ze ginn. Et sief bemierkt, datt déi uewe genannte Schnelltester net duer ginn am Kader vun enger Gerichtsprozedur an an deem Fall ëmmer mat enger kompletter Analys mussen confirméiert ginn.

ad 3. D'Police wäert an Zukunft déi Testphas suivéieren, déi am Moment vun der Douane duerchgefouert gëtt. Deemno wéi dës Testphas dann ausfällt, wäert dann och iwwert ee Konzept nogeduecht ginn, fir de Gebrauch vun esou Schnelltester am Alldag ze definéieren.

Fir de Moment sinn dës Tester eréischt eemol op enger grousser Kontroll zum Asaz komm an dofir gëtt zur Zäit virun allem d'Fiabilitéit vun den Tester iwwerpréift an hire praktesche Wäert analyséiert an evaluéiert.

**Assises de la coopération** | Question **6474** (12/07/2022) de **Mme Stéphanie Empain** | **Mme Djuna Bernard** (déi gréng)

De manière générale, les Assises de la coopération luxembourgeoise sont organisées annuellement par la Direction de la coopération au développement et de l'action humanitaire. Les assises sont un rendez-vous traditionnel réunissant les représentants.e.s de la société civile nationale et internationale, des pays partenaires, des institutions internationales, du monde de la recherche, du secteur privé, ainsi que des fonctionnaires de différents ministères et des député.e.s. Il s'agit d'une conférence-phare, lors de laquelle les participant.e.s ont l'opportunité de s'échanger sur les principales questions, voire les principaux défis dans le domaine de la coopération, ainsi que sur l'orientation de la coopération luxembourgeoise.

Les dernières Assises de la coopération ont eu lieu en mai 2021 sous format virtuel, les rendez-vous des années 2019/2020 ayant été reportés suite à la crise sanitaire. Les prochaines assises offriront ainsi une importante occasion au secteur de se rencontrer en personne pour discuter des défis auxquels la coopération luxembourgeoise est confrontée.

Pourtant, selon nos informations, les Assises de la coopération n'auront pas lieu cette année.

Dans ce contexte, nous nous permettons de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire :

1) Monsieur le Ministre peut-il confirmer que les Assises de la coopération de l'année 2022 n'auront pas lieu ? Dans l'affirmative, quelles sont les raisons pour cette décision ?

2) Encore dans l'affirmative, quelles mesures Monsieur le Ministre entend-il prendre cette année pour assurer que le dialogue avec la société civile et les autres parties prenantes soit maintenu à niveau ?

**Réponse** (08/08/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

ad 1) Contrairement aux informations dont indiquent disposer les honorables Députés, il est bien prévu d'organiser des Assises de la coopération en 2022. Les parties intéressées seront informées de la date sous peu.

ad 2) Cette question est sans objet.

**Installation de distributeurs de cryptomonnaie** | Question **6476** (13/07/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

En Artikel op der Plattform heise.de vum 7. Juli bericht vun engem Bitcoinautomat vun der Volksbank Bayern Mitte an Däitschland. De Kryptowährungsautomat vum Ubidder Kurant steet an der Stad Ingolstadt an erlaabt de Passante mat engem reguläre Geldschäin een Ëmtausch a Bitcoin. Dofir gi beim Automat eng Rei digital Transaktiounen nogefrot. Mëttlerweil goufen och Appen entwéckelt, déi d'Notze vum Cold Wallet an der Bitcoin-Go-Card vun der Volksbank vereinfachen.

An deem Zesummenhang wëllt ech de Ministere fir Wirtschaft a Finanzen dës Froe stellen:

1. Kéint esou Bitcoinautomaten och hei am Land installéiert an agesat ginn?

– Falls jo, wat fir Ufuerderunge missten esou Automaten respektéieren?

– Falls nee, wéi eng gesetzlech Basis verbitt dës?

2. An Däitschland hunn d'Sparkassen sech géint den Handel mat Bitcoin an aneren digitale Wärunge entschuedt. Huet de Minister Kenntnis vu Banken hei am Land, déi Kryptowährungsautomaten ausschléissen?

**Réponse** (10/08/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Den honorablen Deputéierte bezitt sech an senger parlamentarescher Ufro op een däitschen Artikel aus dem Internet iwwert Bitcoinautomaten a Bayern, a freet op där Basis, ob Kryptowährungsautomaten och zu Lëtzebuerg kéinten installéiert an agesat ginn.

Entitéiten, déi op der Lëtzebuerger Finanzplaz potenzielle Clienten den Handel mat Bitcoin an aneren digitale Wärunge erméiglechen oder den Ëmtausch tëscht Kryptowärunge a reguläre Wärunge (Fiat-Währung) erlaben, müssen sech bei der Commission de surveillance du secteur financier (CSSF) als Prestataire de services d'actifs virtuels (PSAV) enregistréieren an ënnerleien dem ofgeännerte Gesetz vum 12. November 2004 géint d'Geldwäsch a géint d'Finanzéierung vum Terrorismus. Den Ëmtausch tëscht Kryptowärunge a Fiat-Wärunge, wéi dem Euro zum Beispill, ënnerläit zudeem de gesetzleche Virschreften aus dem ofgeännerte Gesetz vum 10. November 2009 iwwer Bezuelungsschleeschungen.

Et ass an dësem Kontext nach drop hinzeweisen, dass d'Europäesch Unioun sech mam MiCAReglement (Markets in Crypto-Assets) zukünftig ee komplette Gesetzeskader gëtt, deen eenheetleche Reegelen an der Europäescher Unioun fir Déngschleeschter am Beräich vu Krypto-Aktive virgesäit.

<sup>9</sup> The 2021 Ageing Report, Economic & Budgetary Projections for the EU Member States (2019-2070), May 2022

<sup>10</sup> activite/minist-famille-integration-grande-region/2021-rapport-activite-mfamigr/2021-rapport-activite-mfamigr.pdf>https://gouvernement.lu/dam-assets/fr/publications/rapport-activite/minist-famille-integration-grande-region/2021-rapport-activite-mfamigr/2021-rapport-activite-mfamigr.pdf

<sup>11</sup> enquete-de-satisfaction-aec-2022-vp.pdf>https://gouvernement.lu/dam-assets/documents/actualites/2022/06-juin/09-haagen-aec/presentation-enquete-de-satisfaction-aec-2022-vp.pdf

De Finanzministère huet keng Informatiounen doriwwer, ob Banken oder aner reguléiert Entitéiten zu deem Zäitpunkt a Betruecht zéien, zu Lëtzebuerg esou Automaten opzestellen, oder dat prinzipiell ausschléissen.

**Comité de prévention communal** | Question 6479 (13/07/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Am Policegesetz vum 18. Juli 2018 gouf mam Artikel 38 de Comité de prévention communal geschaf. Dëse Comité ass dofir do, fir de permanente Kontakt tëschent der Police an der Gemeng ze verbesseren, fir dass d'Informatiounen tëschent béiden Institutiounen besser fléisse kënnen.

Den Artikel 38 erlaabt, dass nieft dem Buergermeeschter och Schäfte a Gemengeconseillere kënnen am Comité vertruede sinn. Während de Buergermeeschter duerch d'Gesetz een direkt Urecht op ee Sëtz am Comité huet, hânt et bei deenen anere Membere vun de Gemengevertreider dovun of, ob dat am Interessi vum Buergermeeschter ass, well de Wuertlaut vum Artikel beseet: „les échevins ou conseillers communaux éventuellement désignés par les bourgmestres“.

Esou kënn et vir, dass verschidde Gemenge guer keng Vertreider vun der Oppositoun eraloossen, während aner Gemenge méi demokratesch Verständnis bewisen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Interieur dës Froe stellen:

1. Wéi vill Comitées de prévention communaux existéieren zurzäit hei am Land?

2. A wéi ville Comitées si Gemengeconseillere vertrueden a wéi vill sinn et der insgesamt?

3. Wéi vill vun de Gemengeconseillere, déi an an dëse Comitées vertruede sinn, gehéieren net enger Majoritéit an engem Gemengerot un (ausgehend dovun, dass se aus enger Proporz-Gemeng stamen)?

4. Wéi eng Méiglechkeeten hunn d'Membere am Gemengerot, fir kënnen Vertreider am Comité de prévention communal ze ginn?

5. Hunn d'Membere am Gemengerot een Informatiounsrecht op d'Inhalter a Rapporten, déi am Comité de prévention communal beschwat ginn?

**Réponse** (08/08/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

ad 1. Am Joer 2021 goufe vun de concernéierte Buergermeeschtere 17 Comitées de prévention organiséiert.

ad 2. an 3. Zu de Froen 2 an 3 hu weeder d'Inneministesch nach de Minister fir bannenzeg Sécherheet Elementer fir ze äntweren.

ad 4. a 5. Den Artikel 38 vum Policegesetz gesäit d'Grënnung vu „comités de prévention communaux“ vir, an dass de Buergermeeschter Membre de droit ass an dësen och presidéiert. Hie kann och Gemengerotsmembere an de Comité designéieren.

De Règlement grand-ducal vum 25. Juli 2018 iwwert de Fonctionnement vun kommunale Preventiounscomité a regionale Concertatiounscomité gesäit vir, dass vun all Reunioun ee Procès-verbal gemaach gëtt, deen d'Membere bannent engem Mount musse kréien.

En Informatiounsrecht fir déi Conseillere, déi net Member vum Comité sinn, ass weeder vum Gesetz nach vum Règlement grand-ducal virgessinn.

**Bilan du Plan d'action national de réduction des produits phytopharmaceutiques** | Question 6482 (14/07/2022) de **M. François Benoy** (déi gréng)

Le Plan d'action national de réduction des produits phytopharmaceutiques, qui a été présenté fin 2017, a l'objectif de parvenir à une utilisation des produits phytopharmaceutiques compatible avec le développement durable.

Parmi les objectifs généraux poursuivis par le plan figurent la réduction de l'utilisation de 50 % des produits phytopharmaceutiques jusqu'en 2030, la réduction de 30 % des « big movers » (les produits phytopharmaceutiques les plus dangereux ou les plus utilisés) jusqu'en 2025 ou encore la mise en place d'indicateurs de suivi de quantités de mise sur le marché de produits phytopharmaceutiques ainsi que de leur utilisation. Le plan inclut également 25 mesures spécifiques qui doivent être mises en place afin d'atteindre les objectifs du plan.

Dans sa réponse à ma question parlementaire n° 1813, le Ministre de l'Agriculture de l'époque a annoncé qu'un réexamen du plan d'action national de réduction des produits phytopharmaceutiques aura lieu en 2021 pour être achevé en 2022. Selon la présentation du plan national, le bilan serait tiré sur base d'indicateurs fixés et de données récoltées.

Dans ce contexte, je me permets de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Quel est l'état d'avancement de l'analyse de la mise en œuvre du plan d'action national de réduction des produits phytopharmaceutiques ? Quel est le calendrier prévu et quelles sont les différentes étapes y relatives ?

2) Monsieur le Ministre envisage-t-il de mener ou a-t-il mené une consultation du public et/ou des parties prenantes pour l'évaluation du plan d'action national et pour l'identification de mesures additionnelles ou d'adaptations du plan ? Si une telle consultation a eu lieu, Monsieur le Ministre peut-il résumer les principales revendications issues de cette dernière ?

3) Dans la mesure où le bilan a d'ores et déjà été tiré, Monsieur le Ministre peut-il en partager les principaux constats ?

4) Quelles adaptations du Plan d'action national sont actuellement envisagées ?

**Réponse** (21/07/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1) Un état des lieux des objectifs et mesures prévues par le Plan d'action national de réduction des produits phytopharmaceutiques (PAN PPP) a été réalisé par le groupe de travail interministériel pour le suivi de la mise en œuvre du PAN PPP et transmis au Conseil de Gouvernement. Dans sa réunion du 15 juillet 2022, le Conseil de Gouvernement a décidé de continuer la mise en œuvre du PAN PPP dans sa forme actuelle.

ad 2) Étant donné qu'il a été décidé de continuer la mise en œuvre du PAN PPP dans sa forme actuelle, il n'est actuellement pas prévu d'organiser une consultation du public.

ad 3) Les principaux constats sont :

– les objectifs généraux établis par le PAN PPP sont toujours d'actualité

– selon les dernières statistiques officielles disponibles, entre 2017-2018 et 2019-2020 il y a eu une réduction de 10,2 % pour les substances actives « big movers » et de 9,4 % pour la totalité des substances actives.

15 des 25 mesures spécifiques prévues par le PAN PPP sont finalisées respectivement réalisées en continu, 7 sont en cours d'exécution, 1 mesure a dû être abandonnée, 1 mesure est en attente d'être relancée et 1 mesure est en cours d'élaboration.

ad 4) cf. question 1.

**Rénovation du parc historique d'Echternach** | Question 6484 (14/07/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Den 13. Juli 2022 gouf am „Lëtzeburger Wort“ en Artikel publizéiert, an deem d'Gemeng Iechternach dem Kulturministère virwerft, no den Iwwerschwemmunge vum leschte Joer net séier genuch reagéiert ze hunn a bis haut wichteg Renovatiounen auszebremmen. Konkreet geet et ëm den denkmalgeschützte Park vun der Gemeng, an deem et schwéier Iwwerschwemmungsschied gouf an dee bis haut net konnt a Stand gesat ginn, well de Kulturministère e Baustopp verhaangen huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Kultur dës Froe stellen:

1. Bis wéini plangt de Ministère déi fir den Denkmalschutz néideg historesch Etüden am Iechternacher Park ofgeschloss ze hunn?

2. Firwat hält dësen Dossier esou vill Zäit an Usproch?

3. Wat fir Elementer ginn an der historescher Etüd vum Park evaluéiert?

4. Wéi erkläert sech d'Regierung déi follgend Ausso vum Iechternacher Buergermeeschter: „Ich bin der Meinung, dass der Luxemburger Staat bei der Beseitigung der Hochwasserschäden katastrophal schlecht gearbeitet hat“?

Wat plangt d'Regierung an Zukunft anescht ze maachen, fir d'Gemenge besser am Fall vu Renovatiounsarbechten no Naturkatastrophen ze ënnerstëtzen?

**Réponse** (18/07/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture

Fir d'éischt ass ze bemierken, datt den Direkter vum deemolege Service des sites et monuments nationaux (haut Institut national pour le patrimoine architectural – INPA) kuerz no dem Héichwaasser alle Buergermeeschteren aus de betraffene Gemenge geschriwwen hat, fir eng direkt Hëllef vu senger Verwaltung unzebidden. Vun Iechternach kum keng Reaktioun. Den INPA gouf net dohinner geruff, mee ass réischt am Hierscht op onerlaabt Aarbechten am Park opmierksam ginn. Vun deem Moment u gouf alles erlaabt, wat konnt erlaabt ginn, virun allem fir Schied ze behiewen, déi d'Sécherheet vu de Leit betreffen.

Och gouf decidéiert, virun enger Neigestaltung vum Park dat opzeschaffen, wat historesch an architektonesch wichteg ass a wat ee muss wëssen, fir e Masterplang ze definéieren. No villen Agréffer, déi dem Park net gutt gedoen hunn, sollt elo de Moment sinn, fir grondsätzlech ze kucken, wéi dat landschaftlech a klasséiert Ierwe besser erhalen a versuergt kéint ginn, dat am Sënn vun der Convention de Florence an internationale Krittären.

An der Etüd gëtt gekuckt, wat do war, wat wéini geplangt war a wat verschwonnen ass, respektiv wéi een et nees hierstellen a reinterpretéiere kann. Et geet ëm den Ursprung vum Park aus dem 16. Joerhonnert an dem Landschaftsarchitekt Henri Lujà seng Pläng aus dem Joer 1947, fir d'Schied nom Zweete Weltkrich ze behiewen. Planzen, Weeër, Sprangbuere, Statuen, Siichtaxen, Buedembeleg, all Zort vu Mobilier vu Bänke bis Dreckskëschen: Alles dat soll thematiséiert



ginn, fir datt an dem klengen Wutz, dee vun dem groussen barocken Entwurf nach bleift, elo dat Beschte soll geschéien.

Fir esou eng Aarbecht hu misse Leit fonnt ginn an déi brauchen Zäit, fir eng fundéiert wëssenschaftlech Analyse ze maachen an eng nohalteg Perspektiv vum Park ze zeichnen. Am Oktober wäerten all d'Resultater virleien.

#### Statistiques policières | Question 6488 (14/07/2022) de M. Fred Keup (ADR)

Et ass evident, datt, wann ee Kriminalitéit a Gewalt effikass bekämpfe wëllt, een och genee Statistike braucht.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Policeminister:

1. Wéi vill Mënsche sinn am Joer 2021 zu Lëtzebuerg Affer vu Gewalt ginn?
2. Wéi vill vun deenen Affer vu Gewalt ware Fraen? Wéi vill vun deenen Affer vu Gewalt ware Männer?
3. Kann den Här Minister dës Affer vu Gewalt no Alter respektiv Alterskategorie opschlësselen?
4. Kann den Här Minister geographesch, no Gemengen, opschlësselen, wou dës Gewaltdote stattfonnt hunn?
5. Wéi vill vun dësen Affer vu Gewalt waren Awunner vu Lëtzebuerg? Wéi vill vun dësen Affer vu Gewalt koumen aus dem Ausland?
6. Kann den Här Minister d'Nationalitéiten opschlësselen vun deenen auslännesche Persounen, déi Affer vun enger Gewaltdot gi sinn?
7. Gëtt et och Statistiken, wat d'Täter ugeet? Wa jo, wéi eng sinn dat a wéi stellen déi sech duer?
8. Wann net, firwat net?

**Réponse** (04/08/2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. bis 3. Bei den Zuelen aus de Policedatebanken handelt et sech ausschliesslech ëm eng Bestandsopnam aus dem Joer 2021, sou wéi et vum honnigabelen Deputéierten gefrot ginn ass. Doraus kann ee keng empiresch Schlussfolgerungen iwwert d'Gewalt géint Persounen zu Lëtzebuerg zéien, zum engen, well een duerfir misst eng déifgräifend Analys vun alle relevanten demographesche Parameter mat abezéien, an zum aneren, well déi néideg Referenzen aus deene viregte Jore feelen.

Fir d'Joer 2021 sinn an de Policestatistiken 6.853 Mënschen als Affer vu physischer Gewalt agegroun. Duvunner waren 59 % Männer an 41 % Fraen. 21 % vun den Affer waren mannrjäreg.

ad 4. Am folgenden Tableau gesäit een d'Zuele vu „vols avec violences“ a „violences envers les personnes“ aus dem Joer 2021, opgelëscht no Heefegkeet (ausgedréckt a Prozent par rapport zum landeswäiten Total vun dësem Typ vu Fäiten) pro Gemeng. Bedéngt duerch déi héich Unzuel vu Gemenge sinn hei just déi fënnef éischte Gemengen opgelëscht.

| Gewaltdoten 2021 (Vols avec violences a Violences envers les personnes) |                              |
|-------------------------------------------------------------------------|------------------------------|
| Commune                                                                 | Faits en % du total national |
| Luxembourg                                                              | 23                           |
| Esch/Alzette                                                            | 13                           |

|             |     |
|-------------|-----|
| Differdange | 5,5 |
| Dudelange   | 4   |
| Pétange     | 3   |

N.B.: Dëse Relevé enthält just „vols avec violences“ a „violences envers les personnes“ aus dem Joer 2021 a ka kengesfalls e Gesamtbild vum kompletten Taux vu Kriminalitéit an dësen eenzele Gemengen duerstellen.

ad 5. a 6. Datebanke vun der Police erfaasse just, ob et sech ëm „résidents“ oder „non-résidents“ a „Luxembourgeois“ oder „non-Luxembourgeois“ handelt.

Vun den Affer waren der 86,5 % Residenten a 46,4 % haten déi lëtzebuergesch Nationalitéit.

ad 7. Datebanke vun der Police erfaassen „inculpés“ a keng Täter. Et ass spéiderhin un de Justizautoritéiten fir ze tranchéieren, wéi vill vun den „inculpés“ als Täter a Fro kommen. „Inculpés“ ginn no de selwechte statistesche Krittäre wéi d'Affer an eisen Datebanken agegroun.

Fir d'Joer 2021 sinn an de Policestatistiken 6.283 „inculpés“ a Fäll vu physischer Gewalt agegroun. Duvunner waren 75 % Männer a 25 % Fraen. 12,5 % vun den „inculpés“ waren mannrjäreg. Vun den „inculpés“ waren der 82 % Residenten an 41,5 % haten déi lëtzebuergesch Nationalitéit.

ad 8. n.a.

#### Aides dans le cadre des inondations de 2021 | Question 6490 (14/07/2022) de M. Max Hengel | M. Léon Gloden | Mme Octavie Modert (CSV)

Bei de Bähilëfen, déi am Kader vun der Héichwasserskatastroph d'lescht Joer sollten ausbezuelen ginn, ass laut eisen Informatiounen een Zenario vergiess ginn. Déi Geschäftsleit, déi keng Rechnungen méi hu vun hirem „ale“ Material, well se z. B. e Café iwwerholl hunn, dee schonn éiweg do steet an awer net direkt genuch Suen hunn, fir neit Material anzekafen, sollen deemno keng Hëllef kënnen an Usproch huelen. Dës kënnen entweeder réischt lues a lues an neit Material investéieren oder mussen hire Commerce zoumaachen. Fir deem entgéintzewierken, kéint d'Regierung beispillsweis Bähilëfen am Viraus op Basis vun Devisen ginn.

Virun dësem Hannergrond wëllt mir der Regierung follgend Froen stellen:

1. Ass d'Regierung vu Geschäftsleit kontaktéiert ginn, déi an deem beschriwwene Fall sinn?
2. Wa jo, ëm wéi vill Fäll handelt et sech?
3. Wéi gedenkt d'Regierung deene Concernéierten ze hëllefen? Kéint een eventuell op de Wee goen an Hëllef scho virun der Acquisitioun vun neuem Material ausbezuelen?
4. Bis wéini kënn Geschäftsleit hir Demande d'aide beim Mëttelstandsministère areeche?

**Réponse** (18/07/2022) de M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes

ad 1. Der Generaldirektioun fir Mëttelstand ass de beschriwwene Fall net bekannt. Dëst léisst sech doduerch erklären, datt am Artikel 9 vun der „Loi modifiée du 9 août 2018 relative à un régime d'aides en faveur des petites et moyennes entreprises“ Follgendes virgesinn ass: « Les coûts résultant du préjudice subi comme conséquence directe de la calamité naturelle, tels qu'évalués par un expert indépendant agréé, constituent les coûts admissibles. » Deemno ginn déi eligibel Käschte vun engem onofhängegen Expert evaluéiert.

Esou ewéi d'Gesetz et virgesäit, braucht d'Generaldirektioun fir Mëttelstand also keng „Rechnungen vun alem Material“, mee baséiert sech op de Rapport vum Expert.

ad 2. /

ad 3. Ewéi beschriwwen, baséiert d'Generaldirektioun fir Mëttelstand sech net op „Rechnungen vun alem Material“, mee op de Rapport vun engem onofhängegen Expert. Op Basis vun dësem Rapport bezitt d'Generaldirektioun fir Mëttelstand an enger éischter Phas eng Avance vu 50 % aus. De Solde gëtt dono op Basis vun den neien Acquisitiounen respektiv Facturen ausbezuelen.

ad 4. D'Geschäftsleit kënnen hir Demande bis zu véier Joer no der Naturkatastroph erareeche, an dësem Fall wier dat bis Juli 2025.

#### Revenu d'inclusion sociale | Question 6496 (15/07/2022) de Mme Djuna Bernard (déi gréng)

Le Revenu d'inclusion sociale, mieux connu sous le nom « REVIS », est entré en vigueur le 1<sup>er</sup> janvier 2019, et a remplacé, voire redynamisé le Revenu minimum garanti (RMG). Le nouveau REVIS a comme objectif principal de concrétiser une approche d'inclusion sociale en établissant un système cohérent entre les politiques de stabilisation et d'activation sociale et les politiques de (ré)insertion professionnelle.

Considérant qu'il s'agit d'un nouveau dispositif, la Chambre des Députés a adopté une motion le 10 juillet 2018 invitant le Gouvernement à dresser une évaluation des deux composantes du REVIS, notamment de l'allocation d'inclusion et de l'allocation d'activation, après une période de trois années et à présenter, le cas échéant, des propositions d'adaptation.

Dans ce contexte, j'aimerais recevoir les informations suivantes de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration :

– Est-ce que l'évaluation du dispositif REVIS, prévue pour l'année 2021, a été effectuée ? Quels sont les résultats clés de l'analyse ?

**Réponse** (02/08/2022) de Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

La motion dont question, qui a été adoptée par la Chambre des Députés en date du 10 juillet 2018, invite le Gouvernement « à dresser une évaluation du nouveau dispositif REVIS après une période de trois années [...] ». La loi du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale est entrée en vigueur au 1<sup>er</sup> janvier 2019; l'évaluation du dispositif a été préparée dès 2021 et est effectuée en 2022, donc après une période de trois années.

Le processus d'évaluation, qui comporte un volet quantitatif et un volet qualitatif, est en cours. Le rapport final de l'évaluation sera présenté à la commission de la famille et de l'intégration vers la fin du premier semestre de 2023.

#### Financement des offices sociaux | Question 6502 (19/07/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Zënter 2009 hunn d'Ongläichheeten an d'Aarmut hei am Land zougehoen. Sou ass den Taux vum Aarmutrisiko, den Donnée vum Eurostat no, zënter 2010 bis haut ëm ronn dräi Prozentpunkten an d'Luucht gaangen. Déi selwecht Entwécklung gesäit ee bei den Zuele vum Aarmutrisiko, nodeems Sozialtransferte gemaach goufen. Ee vun den Haaptgrënn ass warscheinlech, dass d'Logementskäschten hautzudaags vill méi an d'Geld schloen, wéi dat nach virun zéng

Joer de Fall war. D'Zuele vun Eurostat weisen och hei eng Erhéijung vun dräi Prozentpunkten, wat d'Part vum Logement am verfügbaren Akommes betrëfft.

Am Artikel 23 vum Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwert d'Sozialhëllef ass virgesinn, dass de Staat an d'Gemengen d'Käschte vum Office social 50/50 iwwerhuelen. Dës Ënnerstëtzung gouf am Gesetz esou limitéiert, dass d'maximal Bähëllef eng Aarbechtsplaz pro 6.000 Awunner an enger Gemeng fir de Personnel d'encadrement ëmfaasst an eng hallef Aarbechtsplaz fir d'administratiivt Personal.

Zënter 2009 ass awer och d'Bevëlkerung am Land ëm 150.000 Persounen gewuess – also 30 % Bevëlkerungswuesstem.

An deem Zesammenhang wëilt ech der Ministesch fir Famill an Integratioun dës Froe stellen:

1. Ass d'Ministesch der Meenung, dass d'finanziell Bähëllef vum Artikel 23 vum Gesetz vum 2009, ugeziicht der Zouam vun de sozialen Ongläichheeten, nach ugepasst ass?

2. Wäert d'Regierung dës Legislaturperiod Upassungen um Baitragsschlüssel maachen, fir dass d'Offices sociaux méi Ressourcen zur Verfügung gestallt kréien?

**Réponse (11/08/2022) de Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration**

Den Artikel 23 vum Gesetz seet, dass de Staat an d'Gemengen sech zu 50 % um Personalschlüssel bedeelegen, dee pro 6.000 Awunner bei engem Poste fir de sozialen Encadrement an 0,5 Poste fir dat administratiivt Personal läit. Wann d'Bevëlkerung wüsst, kann den Office social also zousätzlech Personal beim Ministère ufroen.

Den Artikel 23 gëtt de Gemengen an dem Staat och d'Méiglechkeet, iwwert aner Konventiounen zousätzlech Personal, fir extra Missiounen ze engagieren. Am Kader vum Afflux vu Flüchtlingen huet de Staat 2015, iwwert eng Circulaire vum Inneministère, den Offices sociaux d'Méiglechkeet ginn, weider Personal ze engagieren, fir d'Prise en charge vun de Bénéficiaires de protection internationale kënnen ze garantieren. Dës Circulaire fixéiert ee Personalschlüssel vum engem Poste fir de sozialen Encadrement an 0,5 Poste fir dat administratiivt Personal pro 600 BPI Awunner. D'Personal kann och proratiséiert ugefrot ginn. Säitens vum Ministère ass d'Dier op, fir d'Fro vum aktuelle Ratio ze diskutieren; de Ministère suivéiert d'Situatioun an den Offices sociaux ganz enk a sicht no Méiglechkeeten, fir de genannten Defien ze begéinen.

**Vëlosommer 2022 | Question 6511 (20/07/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)**

Fir de Vëlosommer 2022 maachen, ënnert anerem, d'CFL op hirem Site Werbung dofir, dass een de Vëlo problemlos am Zuch ka mathuelen. Extra Zich ginn u verschiddene Weekender agesat an den Transport vu Vëloen an E-Bikes ass – wéi och fir d'Passagéier – gratis. Um Site [www.velosommer.lu](http://www.velosommer.lu) gëtt erkläert, dass d'Vëloen a speziellen Zuchwaggonen oder Busse transportéiert mussen ginn. D'CFL huet awer am klénggedrëckten Text stoen, dass d'Plaz fir de Vëlo am Zuch zesumme mat de Poussetten a Rollstill gedeelt gëtt.

An deem Zesammenhang wëilt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Kann de Minister garantieren, dass zu all Zäitpunkt genuch Plaze fir Vëloen, Rollstill a Poussetten an den Zich souwéi an de Busser do sinn?

2. Wou ass festgehalten, wéi vill Vëlo maximal dierfen am Zuch an am Bus matgeholl ginn?

3. Am Fall wou een Zuch oder Bus maximal ausgelascht ass, wéi eng Passagéier kréien d'Prioritéit?

Muss ee Passagéier, deen am Zuch/Bus ass, dësen da verlossen?

4. Sinn all d'Zich a Busser equipéiert, fir Vëloen, Elektrovëloen, Rollstill a Poussettë matzehuelen? Falls nee, wéi vill Fuermaterial kann dat net a wéi eng Linne sinn heivunner betrafft?

5. Verschidde Persounen fuere jo och mat engem Elektrovëlo, dee mat enger Batterie equipéiert ass.

Wat fir Sécherheetsvirkéierungen hunn d'CFL virgesinn, am Fall wou een E-Bike am Zuch géif ufänke mat brennen?

**Réponse (12/08/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

Virewech wëll ech drop hiweisen, dass d'Aktioun Vëlosommer soll d'Leit dozou beweegen, mam Vëlo ze fueren. D'Benotze vum öffentliche Transport gratis mam Vëlo ass natierlech erlaabt, souwäit d'Plaz an den Transportmëttel et och zouléisst.

ad 1. Wat d'Busse ugeet, sou ass d'Zort vum Bus pro Linn duerch d'Kontrakter mat den Exploitanten fixéiert. Well et sech hei ëm ee Service public handelt, dee fir jidderee fräi zougänglech ass, kann de Volume u Fuergäschter net zu 100 % virausgesot a gesteuert ginn. Esou kann et dann deemno, a villäicht besonnesch zu Spëtzenzäiten, dozou kommen, dass keng Plaz méi am Bus ass fir e Passagéier, ob mat oder ouni Vëlo, matzehuelen.

Et ass normal, dass d'Plaz am öffentliche Transport muss gedeelt ginn, ob mat oder ouni Vëlo, Poussetten oder Rollstill. Et wier awer net glécklech, wann e Passagéier am Rollstill, mat Rollator oder Poussetten net kéint matgeholl ginn an a Konkurrenz mat engem Vëlo misst trieden.

Vu dass d'Zich just iwwert eng limitéiert Unzuel u Plaze fir Vëloen, Rollstill a Poussettë verfügen, ka leider net ëmmer garantéiert ginn, dass zu all Zäitpunkt genuch Plaze fir Vëloen, Rollstill a Poussetten disponibel sinn.

Bei groussen Eventer, sou wéi elo während dem Vëlosommer, vergréissere mir och souwäit wéi méiglech d'Kapazitéit vum den Zich, fir déi gréisst méiglech Unzuel u Vëlo/Rollstill/Poussettë kënnen an den Zich opzehuelen, notament a Richtung Norden op der Stréck tëschent Lëtzebuerg an Dikrech.

An deem Zesammenhang wäert och eng Busnavette fir den Itinéraire H „Regioun Mëllerdall-Tour“ vum Vëlosommer, deen de 6. a 7. August, souwéi den 20. an 21. August 2022 organiséiert gëtt, tëschent der Stad an Iechternach bereetstoen. Dës Navette ass exklusiv fir Clientë mat Vëlo geduecht, a ka bis zu 10 Clientë mat Vëlo pro Wee ophuelen. D'Reservatioun vun dësem Service ass net obligatoresch, mee gëtt awer conseilléiert, fir een optimalen Oflaf vun dësem ze garantieren.

Ausserdeem wäert och ab dem 20. August 2022, während der Chantiersperiod op der Linn 10 tëschent Ettelbréck an Elwen, esou eng Busnavette op dësem Streckendeel agesat ginn.

Dës Navette ka bis zu 8 Clientë mat Vëlo pro Wee transportéieren. Och hei ass d'Reservatioun net obligatoresch, mee gëtt awer conseilléiert.

ad 2. E Maximum u Vëloen ass net gesetzlech festgehalten. Allerdéngs ginn et am Règlement ministériel du 6 février 2020 fixant les conditions de transport et les tarifs des transports publics, Artikel 4, follgend Bestëmmungen iwwer d'Mathuele vun esou Géigestänn mat Rieder:

« Les objets à roues tels que voitures d'enfant, buggies d'empettes, déambulateurs de type rotateur, ainsi que les cycles peuvent être introduits dans les moyens de transport public. Les cycles ne sont admis que suivant les disponibilités techniques du moyen de transport public. »

Dës Bestëmmunge gëlle fir all Transportmëttel: Zuch, Bus an Tram.

Am Moment kënnen d'Zich jee no Baurei tëscht 6 an 18 Vëloen ophuelen, an d'Busser bis 15 Meter, jee no Baurei, tëschent 2 a 4 Vëloen, virausgesat, dass dës Plaze net scho vu Rollstill oder Poussettë besat sinn. Fir Persounen mat ageschränkter Mobilitéit (PMR) (z. B. Rollstullfuere oder Leit mat Poussetten) si Plaze reservéiert am Géigendeel zum Vëlo. Am Zuch kann de Vëlo op déi dofir virgesi Kriep agehaangen ginn oder an de Busser op der Plattform ofgestallt ginn. D'Vëloskompartiment ass op der Automotrice mat engem gréngen Logo gekennzeechent.

ad 3. Den öffentliche Transport ass prioritär dofir do, fir Leit ze transportéieren, aus dësem Grond kann et virkommen, dass eng Persoun mat Vëlo sollt erausklammen, fir méi Leit ouni Vëlo Plaz ze maachen. Et gëtt awer keen offiziell Reglement, just de gesonde Mënscheverstand. An der Realitéit kënnst dës och extreem seelen, a wann, a ganz spezielle Fäll, vir, wann zum Beispill eng gréisser Grupp vu Leit mat méi Vëloen an de Bus wëllt klammen; vu dass déi meescht Linnen, egal vu wéi engem Transportmëttel, en zimmlech dichten Takt hunn, wier unzueroden, entweder op den nächste Bus/Zuch/Tram ze waarden oder e Stéck mam Vëlo weiderzufueren.

ad 4. D'Kontrakter vum neien RGTR-Réseau gesi fir, dass all Buskategorie (ausser Minibussen) een niddregen Astig huet an och eng Plattform. Et ginn awer nach Buslinnen, déi ënner alem Kontrakt assuréiert ginn, wou dat net flucht ass, bzw. wou Doppeldeckerbusse fueren, wou et technesch net geet; e. a. op staark frequentéierte, grenziwwerschneidende Pendlerlinnen, wéi vun Tréier oder Thionville (Linnen 303, 503 an 505); bei deene kënnst nach deelweis dobäi, dass déi och iwwer de Summer verstärkt vun Zuchpendler an Usproch geholl ginn, wéinst den Aarbechten op der Schinn.

All Zich sinn equipéiert, fir Vëloen, Elektrovëloen, Rollstill a Poussetten an der Limit vum hire Kapazitéit matzehuelen.

ad 5. All Zich verfügen iwwert Feierläsch, déi et erlaben am Fall wou een E-Bike géif brennen, dës Vëlo ze läschen.

**Vente de terrains à bâtir par les communes | Question 6512 (20/07/2022) de Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)**

Dans sa réponse à la question parlementaire n° 5043 des honorables Députés Semiray Ahmedova et François Benoy en relation avec une vente de 55 terrains à bâtir viabilisés par la commune Helperknapp, Madame la Ministre de l'Intérieur avait indiqué d'avoir approuvé 55 ventes immobilières en 2019 respectivement 56 ventes en 2020 tout en relativisant que ces ventes réalisées par les communes ne porteraient pas toutes sur des terrains à bâtir.

Il est dans ce contexte que je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Intérieur :

1) Combien de ventes immobilières ont été transmises au Ministère de l'Intérieur depuis l'entrée en vigueur du Pacte logement, c'est-à-dire entre 2009 et 2022 ? Madame la Ministre peut-elle nous fournir un relevé de toutes ces transactions ventilé par année, par type de terrains et par commune ?



2) Combien de transactions n'ont pas été approuvées par le Ministère de l'Intérieur ? Le ministère a-t-il rejeté des transactions jugées incompatibles avec l'intérêt général ?

3) Quelle est la surface des terrains à bâtir dont la vente a été approuvée par le Ministère de l'Intérieur depuis 2009 ?

4) Quel est le nombre de logements potentiellement réalisables sur les surfaces en question conformément aux PAG en vigueur dans les différentes communes au moment de la transaction ?

5) Madame la Ministre n'est-elle pas d'avis qu'au vu de la pénurie de logements abordables toute vente de terrain à bâtir par une commune à une personne privée ou morale est à considérer comme étant contraire à l'intérêt général ?

**Réponse** (12/08/2022) de **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

À l'heure actuelle, il n'existe pas de base de données permettant l'extraction de données statistiques relatives aux transactions immobilières telles que celles demandées par la députée. À noter que les pièces centrales des dossiers concernant des ventes immobilières – les délibérations des communes et les actes notariés – peuvent certes contenir ce type d'informations, mais sont aujourd'hui établies dans un format papier, ce qui rend leur exploitation très fastidieuse.

Un refus d'approbation ministériel d'une délibération communale ayant pour objet la vente de terrains à bâtir en vue de la réalisation de logements, comme tout autre refus d'approbation, n'est prononcé qu'en cas de contrariété à la loi ou à l'intérêt général ce qui est néanmoins rare en pratique.

Les initiatives des communes auxquelles se réfère la députée s'inscrivent dans le contexte de la pénurie de logements au Luxembourg et ont été réalisées dans le but de permettre à davantage de citoyens d'accéder à un logement. Le cadre légal en vigueur n'exclut pas la possibilité de poursuivre cet objectif à travers des ventes de terrains à bâtir.

À noter qu'un certain nombre de communes ont fait le choix de passer par la mise à disposition de terrains à bâtir par le biais de baux emphytéotiques plutôt que par la vente.

**Bilan des objectifs climatiques sectoriels pour l'année 2021** | Question **6517** (20/07/2022) de **M. Max Hahn** | **M. Claude Lamberty** (DP)

Mam Klimagesetz vum 15. Dezember 2020 sinn déi sektoriell Klimaziler geschafe ginn, déi duerch e Règlement grand-ducal fir d'Joer 2021–2030 präziséiert goufen. De provisoiresche Bilan fir d'Joer 2021 soll Enn Juli 2022 festgehalen ginn.

An deem Kader wollt mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

– Wéi gesäit de provisoiresche Bilan fir 2021 aus?

– Ass et méiglech, scho virleefeg Konklusiounen ze zéien?

**Réponse** (12/08/2022) de **Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

De provisoiresche Bilan vun den Zäregasemissiounen fir d'Joer 2021 gouf, esou wéi vum Règlement grand-ducal vum 22. Juni 2022 iwwer déi järelech Emissiounsallokatiounen virgesinn, Enn Juli 2022 publizéiert.

Dëse Bilan weist, datt d'Emissiounen am Joer 2021, mat 8.089.050 Tonnen equivalent CO<sub>2</sub>, ronn 20 % ënner dem Niveau vum Referenzjoer 2005 leien. D'Emissiounen sinn 1,1 % (90.000 Tonnen equivalent CO<sub>2</sub>) ënner der Emissiounsallokatioun fir 2021 bliwwen. D'Emissiounsreduktiounszil fir 2021 gouf soumat erreecht.

Wat déi eenzel Secteuren ugeet, gouf d'Emissiounsallokatioun am Sektour „transports“, deen 61 % vun de Gesamtemissiounen duerstellt, respektéiert. Dat selwecht gëllt fir d'Secteuren „agriculture et sylviculture“ an „traitement des déchets et des eaux usées“, während d'Emissiounsallokatiounen an de Secteuren „industries de l'énergie et manufacturières, construction“ an „bâtiements résidentiels et tertiaires“ dépasséiert goufen.

Den detailléierte provisoiresche Bilan vun den Zäregasemissiounen fir d'Joer 2021 ass ënner folgendem Link publizéiert: <https://environnement.public.lu/fr/loft/air/inventaires-emissions/inventaire-ges/proxi-ges.html>.

**Section partielle de la queue des porcs** | Question **6544** (25/07/2022) de **Mme Chantal Gary** (déi gréng)

La directive européenne 2001/88/CE interdit la section partielle de la queue des porcs sur une base de routine. Au Luxembourg, cette directive a été transposée par le règlement grand-ducal du 17 mars 2003 établissant les normes minimales relatives à la protection des porcs. Le règlement stipule que « La section partielle de la queue et la réduction des coins ne peuvent être réalisées sur une base de routine, mais uniquement lorsqu'il existe des preuves que des blessures causées aux mamelles des truies ou aux oreilles ou aux queues d'autres porcs ont eu lieu. »

Or, selon la Commission européenne, le Luxembourg n'est pas conforme à la législation européenne. Dans la réponse à une question parlementaire datant d'août 2020, la Commission précise que seulement en Finlande et en Suède, l'interdiction est effectivement appliquée.

Dans ce contexte, je me permets de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Combien de contrôles relatifs à la section partielle de la queue des porcs ont été effectués au cours des cinq dernières années ? Combien d'infractions ont été constatées ?

2) Les infractions sont-elles sanctionnées par une amende ? Dans l'affirmative, à quelle hauteur se situe-t-elle ? Dans la négative, quelles sont les raisons pour lesquelles les infractions ne sont pas sanctionnées ?

3) Quelles mesures sont proposées dans le plan d'action que le Luxembourg a dû soumettre en la matière à la Commission en 2018 ?

4) Monsieur le Ministre peut-il définir un délai dans lequel il envisage mettre fin à la section partielle de la queue des porcs ?

**Réponse** (02/08/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1) Il n'y a pas eu de contrôles spécifiques relatifs à la section partielle de la queue (caudotomie) des porcelets. Les contrôles concernant la problématique de la morsure de queue (caudophagie) sont réalisés dans le cadre des inspections relatives au bien-être des porcs dans les élevages.

ad 2) Les infractions ne sont pas sanctionnées par une amende car il est très difficile de constater les infractions au règlement puisque ce dernier permet une dérogation à l'interdiction de la caudotomie de

routine au cas où tous les efforts menés pour prévenir la caudophagie ont échoué.

ad 3) Suite à la demande de la Commission européenne notre première version du plan d'action a été retravaillée et le plan actuel prévoit une autoévaluation des facteurs influençant le phénomène de la caudophagie (logement des porcs, climat dans les porcheries, alimentation) par l'éleveur en collaboration avec son vétérinaire. Cette autoévaluation sera supervisée à un intervalle régulier par les vétérinaires-inspecteurs de l'Administration des services vétérinaires. Des projets seront initiés en collaboration avec les éleveurs en supprimant la caudotomie au niveau de certains groupes de porcelets et en analysant les effets sur la caudophagie. Au niveau des abattoirs la problématique des lésions dues à la caudophagie sera analysée afin de détecter les élevages à problèmes en vue d'y remédier sur le terrain.

ad 4) Il est très difficile à l'heure actuelle de fixer un délai précis pour la mise en application de l'interdiction de la caudotomie. Les études effectuées dans le cadre du plan d'action jusque fin 2023 fournissent des informations quant à la faisabilité des dispositions de la réglementation au niveau des élevages de porcelets nationaux.

Dans les établissements d'engraissement les porcelets proviennent souvent de l'étranger et à ce niveau il est difficile de trouver des porcelets n'ayant pas subi la caudotomie. La caudotomie chez les porcelets reste une problématique communautaire. Étant donné que la Commission européenne prévoit une réforme de la réglementation relative au bien-être animal, elle va probablement suggérer une solution à cette problématique dans ses propositions législatives prévues pour fin 2023.

**Conflits d'intérêts au niveau communal** | Question **6553** (26/07/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Dat aktuellt Gemengegesetz gesäit am Artikel 20 Reegele vir, fir dass déi lokal Volleksvertrieeder net an Interessenkonflikter solle verfalen an hiert Mandat am effentlechen Interessi ausféieren. Mir ass ee Fall bekannt vun engem Buergermeeschter, dee gläichzäitig Gerant vun enger Bank ass.

Ee méigleche Fall vun engem Interessenkonflikt betrëfft d'Baugeneemegungen: D'Persoun, de Buergermeeschter, déi d'Baugeneemegungen an enger Gemeng astellt, ass hei déi selwecht Persoun, déi d'Geneemegung fir ee Baukredit mat ënnerschreift oder op d'mannst zu engem groussen Deel mat beaflosst (et kënne jo och zwee Bankmataarbechter a sengem Numm ënnerschreien op Uerder). Ee weidert Beispill ka sinn, dass den Interessi besteet, dass d'Gemeng Client bei grad där Bank gëtt, wou dës Persoun Gerant ass an iwwert déi dann eng Unzuel u Prëten a Sponsoring-Aktivitéiten fir Gemengenaktivitéiten zesummelafen.

An deem Zesammenhang wëllt ech der Ministesch fir Interieur dës Froe stellen:

1. Gesäit d'Ministesch an deem beschriwwene Fall eng Méiglechkeet vun engem potenziellen Interessenkonflikt?

2. Wäert d'Ministesch dësen Observationen ee Suivi ginn a falls néideg hire Pouvoir de tutelle iwwert d'Gemengen asetzen?

3. Weist dëst Beispill alt net nees erëm, dass et néideg wier, d'Kompetenz an d'Verantwortung vun de Baugeneemegungen, grad an der aktueller Logementskris, wou de Buedem ee raart a wäertvollt Gutt

PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L - 3208 BETTEMBOURG

ass, vum Buergermeeschter op de Gemengerot ze transferéieren?

**Réponse** (12/08/2022) de **Mme Taina Bofferding**,  
Ministre de l'Intérieur

Et ass net méiglech, eng kloer a fundéiert Äntwert op  
dës Fro ze ginn a sech iwwert d'Applikatioun vu lega-  
len Texter ze prononcéieren, wann déi exakt Faite vun  
engem konkrete Fall net bekannt sinn. Alles anescht  
wier Spekulationen a géif riskéieren, zu net fundéier-  
ten Accusatiounen ze féieren.

Ech beschränke mech dowéinst drop, fir den De-  
putéierten ze informéieren, dass den Artikel 20 vum  
ofgeännerte Gemengesetz vum 13. Dezember 1988  
de Membere vum Gemengerot an de Membere vum  
Schäfferot, dem Gemengesekretär an dem Receveur  
verbitt:

1° fir ënner verschiddenen Ëmstänn un Delibéra-  
tiounen vum Gemengerot a vum Schäfferot deelzehue-  
len;

2° fir als Affekot oder Chargé d'affaires an de Ge-  
riichtsaffären ze intervenéieren, déi géint d'Gemeng  
ugestengt gi sinn, ausser et wär onentgeltlech;

3° fir perséinlech oder par personne interposée, un  
engem Marché fir d'Gemeng deelzehuelen.

Den Artikel 20 vum ofgeännerte Gemengesetz vum  
13. Dezember 1988 zielt Hypotheseen op, déi Aus-  
namen zu de gewéinleche Rechter vun de viséierte  
Persounen duerstellen, a sinn dofir strikt ze inter-  
pretéieren. Et ass deemno kloer, dass d'Ausstelle vu

Baugeneemegungen duerch de Buergermeeschter  
net ënnert den Artikel 20 falen.

Et gëtt doriwwer eraus och nach den Artikel 245 vum  
Code pénal, deem d'Prise illégale d'intérêts ënner  
Strof stellt. Do ass et awer un den Autorités judi-  
ciaires, fir sech ze prononcéieren, wa se mat engem  
konkrete Fall befaasst ginn.

En Transfert vun der Kompetenz fir Baugeneeme-  
gungen vum Buergermeeschter op de Gemengerot ass  
net virgesinn.

**Sommet de l'agriculture** | Question urgente **7338**  
(07/12/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

A senger Ried zur Lag vun der Natioun hat de Premier-  
minister Xavier Bettel den 11. Oktober en Agrarsom-  
met ugekënnegt, fir mat de Baueren iwwert d'Zukunft  
vun der Landwirtschaft ze diskutéieren. De Landwirt-  
schaftsminister Claude Haagen hat schonn de 24. Sep-  
tember am Kader vun der RTL-Emissioun „Background  
am Gespréich“ erklärt, dass dat neit Agrargesetz net  
ouni Agrarsommet géif gestëmmt ginn. En Datum hat  
hien deemools awer net genannt. Och misst nach ge-  
kläert ginn, wéi eng aner Ministeren dobäi solle sinn.  
Vu datt dat neit Agrargesetz eventuell am Januar zur  
Ofstëmmung kënn, wollt ech follgend Drénglech-  
keetsfro un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

– Steet méttlerweil en Datum fir den Agrarsommet  
fest?

• Wa jo, wéini a wou soll den Agrarsommet stattfan-  
nen?

– Wat fir Ministeren huelen um Agrarsommet deel?

– Wat fir Sujete si konkret zréckbehale ginn?

**Réponse** (08/12/2022) de **M. Claude Haagen**, Mi-  
nistre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Dévelop-  
pement rural

Den Avis vun der Landwirtschaftskammer iwwert de  
„Projet de loi concernant le soutien au développement  
durable des zones rurales“ ass dem Landwirtschafts-  
ministère den 21. November 2022 zougestallt ginn.  
Muer ass mat der Baueren-Allianz eng Reunion an  
den nächsten Dönschdeg ass mat der Landwirtschafts-  
kammer dozou eng Entrevue, fir dësen am Detail ze  
diskutéieren. Dono gëtt en fonction vun deenen ze  
behandelende Punkten zesumme mat deene concer-  
néierte Ministeren een Datum fir den Agrarsommet  
gesicht.

D'Landwirtschaftskammer huet mir am Virfeld vun  
dëser Reunioun schonns follgend Haapttheeme pro-  
poséiert:

- Definitioun vum „agriculteur actif“,
- Theema „Jongbaueren“,
- den Art. 6 vum Projet de loi a notament d'Am-  
moniakemissiounen,
- d'Investitiounsbäihëllefen.

Donieft sollt och nach iwwert eng Ännerung vun der  
Nitratdirektive an iwwert de „Plan national pour la  
protection de la nature“ geschwat ginn.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfëlle beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeën ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ  
PS/799



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-05

Nouvelles lois

p. 06-07

Séances publiques

p. 08-93

Questions au Gouvernement

p. 94-99

2021-2022

# N°18

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-05

Nouvelles lois ..... p. 06-07

Séances ..... p. 08-93

52<sup>e</sup> séance du mercredi 4 mai 2022 ..... p. 08-23

53<sup>e</sup> séance du mardi 17 mai 2022 ..... p. 23-67

54<sup>e</sup> séance du jeudi 19 mai 2022 ..... p. 67-93

Questions au Gouvernement ..... p. 94-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

06/01/2023

#### Concept et layout :

brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





Une Constitution du XXI<sup>e</sup> siècle

## Réaménagement, réagencement et modernisation de la Constitution en quatre étapes



*Les rapporteurs des quatre propositions de révision de la Constitution : Mme Simone Beissel, M. Charles Margue, M. Léon Gloden et M. Mars Di Bartolomeo (de gauche à droite)*

Les propositions de révision introduites par M. Mars Di Bartolomeo, Mme Simone Beissel, M. Léon Gloden et M. Charles Margue ont été adoptées par un deuxième vote constitutionnel par la Chambre des Députés. Les nouvelles dispositions, une fois signées par le Grand-Duc, entreront en vigueur six mois après la publication au Journal officiel.

Le délai de six mois permet d'implémenter les changements prévus par le nouveau texte de la Constitution.

Ainsi par exemple, le Conseil national de la justice pourra se constituer et la proposition motivée aux fins de légiférer – la proposition d'un texte de loi par les citoyens – pourra être mise en place. Les pouvoirs de la Chambre des Députés sont renforcés avec entre autres un accès plus facile au droit d'enquête ou encore la possibilité d'adopter une motion de confiance ou une motion de censure à l'encontre du Gouvernement.

De nouvelles libertés publiques sont consacrées dans la Constitution, comme le droit de fonder une famille ou le droit à la protection des données à caractère personnel.

Parmi les nouveaux objectifs à valeur constitutionnelle figurent notamment la sauvegarde de la biodiversité et la lutte contre le dérèglement climatique, la reconnaissance des animaux comme des êtres dotés de sensibilité et la protection de leur bien-être, le droit au logement ou encore la protection du patrimoine culturel.

La langue luxembourgeoise, le drapeau, les armoiries et l'hymne national sont inscrits dans la Constitution. L'attachement au multiculturalisme est confirmé. Le nouveau texte confirme également l'adhésion du Luxembourg au processus d'intégration européenne.

Les travaux parlementaires sur les quatre propositions de révision de la Constitution touchent ainsi à leur fin et la Constitution du XXI<sup>e</sup> siècle devrait entrer en vigueur au milieu de l'année 2023.

Visite de la lauréate du Prix Sakharov 2022 du Parlement européen

## « La Russie doit être tenue responsable de ses actes »

La fondatrice de l'unité médicale d'évacuation « Angels of Taira » et lauréate du Prix Sakharov 2022 du Parlement européen, Mme Yuliia Paievskia, a eu une entrevue avec le Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, M. Yves Cruchten. Ce dernier a réassuré l'Ukraine du support du Grand-Duché.

« Nous n'avons pas seulement besoin d'aides financières et d'armes, mais nous nécessitons également un support psychologique et mental », a affirmé Mme Paievskia au cours de l'entretien. Elle a exprimé sa gratitude envers le Gouvernement et le peuple luxembourgeois pour tous les engagements qui ont été pris, notamment en ce qui concerne l'accueil et l'intégration de réfugiés ukrainiens.

Tout comme la Vice-Présidente du Parlement ukrainien, Mme Olena Kondratiuk, qui avait été en visite à la Chambre des Députés le 8 décembre 2022, la lauréate du Prix Sakharov du Parlement européen a formulé quelques revendications. Elle exige entre autres la reconnaissance du « Holodomor » (la Grande famine) des années 1930 en Ukraine comme génocide et la reconnaissance de la Fédération de Russie comme État terroriste.

Sur ce dernier point, M. Cruchten a souligné la difficulté d'une telle revendication. Selon le député luxembourgeois, il serait difficile de considérer toute une nation comme un État terroriste, mais il faudrait se limiter plutôt au régime actuel. Il a également insisté sur l'importance de documenter de manière précise tous les crimes commis pendant le conflit. Ainsi, la Russie pourrait être tenue responsable de ses actes.

En 2014, suite à l'annexion de la Crimée, la communauté internationale aurait dû agir de manière adéquate et envisager des sanctions sévères, a regretté le député luxembourgeois, en ajoutant que l'absence d'une réaction conséquente avait été une erreur, tout comme celle de s'être fié au bon sens de l'agresseur. La communauté internationale en a tiré des leçons, a assuré M. Cruchten.

*Le Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, M. Yves Cruchten, a accueilli la lauréate du Prix Sakharov du Parlement européen en 2022, Mme Yuliia Paievskia.*





## Aweigung vun der Rue Václav Havel um Kierchbiereg

Eng Strooss um Kierchbiereg dréit säit dem 13. Dezember 2022 den Numm vum fréieren tschechesche President an Dramaturg Václav Havel.

Fir d'Rue Václav Havel anzeweien, war den tschechesche Premierminister, den Här Petr Fiala, op Besuch zu Lëtzebuerg.

De Chamberspresident, den Här Fernand Etgen, war bei der offizieller Zeremonie mat dobäi, souwéi de Staatsminister, den Här Xavier Bettel, de Mobilitéitsminister, den Här François Bausch, an d'Stater Buergermeeschtesch, d'Madamm Lydie Polfer.



© SIP - Jean-Christophe Verhaegen

Session plénière d'hiver du Parlement Benelux

## Renforcer la coopération des pays du Benelux en matière de défense



*De gauche à droite : M. Yves Carl de l'Administration parlementaire, M. Gusty Graas, membre effectif de la délégation luxembourgeoise, Mme Patricia Creutz, Présidente du Parlement Benelux, Mme Cécile Hemmen, Présidente de la délégation luxembourgeoise auprès du Parlement Benelux, Mme Diane Adehm et Mme Josée Lorsché, membres effectives, et M. Alain de Muyser, Secrétaire général de l'Union Benelux (jusqu'au 31 décembre 2022)*

Les membres du Parlement Benelux se sont rencontrés les 9 et 10 décembre 2022 à Bruxelles pour la dernière séance plénière de cette année.

Le premier volet de la session plénière avait comme sujet « la politique de coopération en matière de défense entre les pays du Benelux et la dimension européenne ». Les ministres de la défense des pays du Benelux ont été invités à s'adresser aux parlementaires par vidéo. Mme Olena Kondratiuk, Vice-Présidente de la Verkhovna Rada (Parlement ukrainien), est intervenue au cours du débat et a donné un aperçu sur la situation actuelle en Ukraine. Elle a aussi remercié les trois pays pour leur soutien et a exhorté les pays qui ne l'ont pas encore fait à adopter des résolutions condamnant la Russie en tant qu'État terroriste.

Le deuxième volet portait sur la coopération en matière de défense et comportait un état des lieux et les perspectives d'avenir. Les meilleures pratiques ont été présentées par les invités internationaux du Conseil nordique et de l'Assemblée balte au cours de la dernière partie du débat thématique.

Le Parlement Benelux a ensuite discuté et adopté une proposition de recommandation sur la coopération des pays du Benelux en matière de défense. Les parlementaires demandent ainsi aux gouvernements « d'examiner les modalités d'un approfondissement de la coopération en matière de défense entre les pays du Benelux dans des domaines déjà existants ainsi que de leur élargissement à de nouveaux domaines comme la cybercriminalité, l'espace ou le changement climatique, et d'inscrire formellement ces

domaines de coopération dans une nouvelle déclaration Benelux ».

Les députés demandent à créer un « bataillon binational entre le Luxembourg et la Belgique », à renforcer la coordination et à « tendre, par le biais d'une concertation trilatérale préalable, vers l'adoption de positions Benelux coordonnées ou communes dans le cadre de discussions en matière de défense au sein de l'UE ou de l'OTAN et de déterminer si la constitution d'une représentation Benelux unifiée au sein de certains groupes de travail de l'UE ou de l'OTAN est souhaitable et réalisable ». Ils demandent en outre à « proposer des projets Benelux communs dans le cadre de la cinquième vague PESCO ».



## Visite de la Représentante spéciale de l'Union européenne pour le Sahel

## « Le Luxembourg doit rester engagé au Sahel »

La Représentante spéciale de l'Union européenne pour le Sahel, Mme Emanuela Del Re, s'est entretenue avec les députés membres de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile et de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense, le 19 décembre 2022. Mme Del Re était en visite à la Chambre des Députés pour exposer la situation du Sahel et pour décrire les enjeux politiques, diplomatiques et sécuritaires aux parlementaires luxembourgeois.

Le Luxembourg, de par sa participation à des missions dans la région du Sahel, reconnaît l'importance de cette région, a salué la Représentante spéciale, qui considère le pays comme un allié important. Le Grand-Duché devrait rester attaché à son engagement, a estimé Mme Del Re face aux députés. Cet engagement n'est pas mis en question et ne le sera jamais, a assuré le Président de la Commission des

Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, M. Yves Cruchten.

La Représentante spéciale est d'avis que le nombre de missions n'importerait pas, mais plutôt la qualité de celles-ci. Selon elle, il est nécessaire de maintenir les relations avec les pays de la région, compte tenu des nombreux enjeux qui ont un impact direct sur les pays de l'Union européenne. Ces derniers devraient par exemple aider les pays africains dans la lutte contre le changement climatique et la désertification, et il faudrait également créer des opportunités et des perspectives pour les jeunes, afin qu'ils ne tombent pas dans les mains de groupes terroristes ou décident de quitter leur pays. Dans ce contexte, une députée a fait une remarque sur les flux migratoires provenant du Sahel. « Nous sommes en train d'accepter les morts », a-t-elle reproché aux pays de l'Union européenne. L'Europe aurait construit des murs invisibles et contribué ainsi au danger grandissant des

routes migratoires. Mme Del Re a répliqué que des gouvernements se sont prononcés en faveur d'une migration légale et a cité l'exemple du nouveau gouvernement italien.

Pendant l'entrevue, les députés luxembourgeois et la Représentante spéciale sont revenus sur l'influence de la Russie et de la Chine sur les pays africains ainsi que sur le travail effectué par les États membres de l'Union européenne dans la région. En ce qui concerne la présence de la Russie dans la région depuis des dizaines d'années, Mme Del Re est d'avis que ce soutien est plus symbolique qu'autre chose. Néanmoins, il aurait un impact non négligeable sur les relations entre l'Union européenne et les pays du Sahel. Quant au travail qu'effectue l'Union européenne dans la région, dont elle reste le premier partenaire, une députée a suggéré qu'on pourrait envisager d'en accroître la visibilité.



La Représentante spéciale de l'Union européenne pour le Sahel, Mme Emanuela Del Re (au milieu), a été reçue à la Chambre des Députés pour un échange de vues sur la situation actuelle au Sahel.

## L'Administration parlementaire recrute :

- un chercheur (m/f/d) spécialisé en sciences juridiques pour les besoins de la cellule scientifique, titulaire d'un doctorat en droit, sous le régime du fonctionnaire (stagiaire ou par la voie du changement d'administration) ou du salarié de droit privé
- un chercheur (m/f/d) spécialisé en sciences humaines et sociales pour les besoins de la cellule scientifique, titulaire d'un doctorat en sociologie, en anthropologie ou en histoire contemporaine, sous le régime du fonctionnaire (stagiaire ou par la voie du changement d'administration) ou du salarié de droit privé

En cas d'intérêt, veuillez vous référer au lien suivant :  
[https://www.chd.lu/fr/offres\\_emploi](https://www.chd.lu/fr/offres_emploi)



## Le Président de la Chambre des Députés a reçu...



... S. E. Mme Edna Maria Monteiro Marta Monteiro, Ambassadrice de la République de Cabo Verde



## Fonctions du Haut-Commissariat à la Protection nationale

**7670 – Projet de loi modifiant : 1° la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'un Haut-Commissariat à la Protection nationale ; 2° la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État ; 3° la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ; 4° la loi modifiée du 8 avril 2018 sur les marchés publics**

Le présent projet de loi a pour objet principal d'adapter la loi du 23 juillet 2016 portant création d'un Haut-Commissariat à la Protection nationale en lui confiant des fonctions en matière d'anticipation, de prévention et de gestion des crises, ceci au niveau de la sécurité de l'information et du traitement des incidents de sécurité.

À ces fins, différents services sont créés sur base d'arrêts grand-ducaux. Ces services, l'Agence nationale de la sécurité des systèmes d'information (ANSSI) et le Centre de traitement des urgences informatiques (CERT Gouvernemental), exercent leurs missions dès aujourd'hui et cela sous la responsabilité du Haut-Commissariat à la Protection nationale (HCPN). La même chose vaut pour le Service de la communication de crise (SCC).

Dans ce contexte, le présent projet de loi vise à conférer une base juridique aux fonctions d'anticipation, de prévention et de gestion des crises afin que le Haut-Commissariat puisse les exercer.

En outre, le projet limite la définition de l'infrastructure critique et procède à des ajustements ponctuels d'un texte législatif afin d'aligner sa terminologie et les missions décrites dans ce texte au projet de loi sous rapport. Il s'agit de la loi modifiée du 8 avril 2018 sur les marchés publics. Plus précisément, le projet de loi prévoit un recours aux dispositifs de protection mis en place par la Police grand-ducale et les divers plans d'intervention d'urgence du Haut-Commissariat plutôt que d'inclure dans la notion « d'infrastructure critique » des infrastructures qui, en temps normaux, ne seraient pas considérées critiques.

Finalement, le projet de loi apporte des modifications en termes de personnel du HCPN. Dans ce contexte, la fonction de Haut-Commissaire à la protection nationale adjoint est formellement entérinée. Au niveau du personnel, le projet tient compte de l'augmentation des missions du HCPN et prévoit, entre autres, qu'une des deux personnes assurant la direction du HCPN doit se trouver en permanence sur le territoire national. En plus, le projet attribue une prime d'astreinte d'une valeur de 12 points indiciaires au personnel soumis à une obligation de permanence ou de présence.

Dépôt par M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, le 15/09/2020  
Rapporteur : Mme Cécile Hemmen

Travaux de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle  
(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :

18/03/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi  
Examen des avis du Conseil d'État et des amendements gouvernementaux

02/05/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 17/05/2022

Loi du 17 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 315, page 1

## Accord de protection des investissements entre l'UE et le Viêt Nam

**7832 – Projet de loi portant approbation de l'Accord de protection des investissements entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République socialiste du Viêt Nam, d'autre part, fait à Hanoï, le 30 juin 2019**

Le projet de loi n° 7832 vise à faire approuver par la Chambre des Députés l'Accord de protection des investissements entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République socialiste du Viêt Nam, d'autre part, fait à Hanoï, le 30 juin 2019. L'Accord de protection des investissements (API) englobe tous les aspects qui caractérisent la nouvelle approche de l'Union concernant la protection des investissements et ses mécanismes de mise en œuvre. L'accord contient notamment des garanties selon lesquelles les investisseurs de l'UE bénéficieront du meilleur traitement disponible lorsqu'ils investiront au Viêt Nam, incluant le principe de non-discrimination et

la garantie d'un traitement juste et équitable et de la sécurité physique. L'API définit précisément les cas où les gouvernements ne respectent pas l'obligation de traitement juste et équitable et supprime les possibilités d'interprétation discrétionnaire. En outre, l'accord assurera un niveau élevé de protection des investissements tout en préservant le droit de l'UE et du Viêt Nam de réglementer (« right to regulate ») pour poursuivre des objectifs légitimes de politique publique tels que la protection de la santé, de la sécurité ou de l'environnement.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 03/06/2021

Rapporteur : M. Yves Cruchten

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

(Président : M. Yves Cruchten) :

02/05/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation et examen du projet de loi  
Examen de l'avis du Conseil d'État

13/05/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 17/05/2022

Loi du 22 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 324, page 1

## Mariages et partenariats civils

**7886 – Projet de loi : 1° modifiant : a) le Code civil ; b) la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ; 2° abrogeant la loi modifiée du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19**

Le projet de loi poursuit deux objectifs : d'un côté, il s'agit de permettre à l'avenir la célébration de mariages ou de partenariats civils dans d'autres lieux que la maison communale et, d'un autre côté, de recadrer les dispositions légales concernant le remplacement de l'officier de l'état civil et la délégation de ses fonctions à un autre élu de la commune.

Le projet de loi prévoit d'autoriser le conseil communal à affecter d'autres lieux appropriés à la célébration de mariages que la maison commune par une modification de l'article 75 du Code civil. Il prévoit encore l'insertion d'un nouvel article 29bis dans la loi communale qui définit les critères qu'un lieu autre que la maison communale doit remplir avant d'être désigné comme lieu de célébration de mariage.

Le projet de loi se propose également de remplacer l'article 69 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et de compléter le dispositif par un nouvel article 69bis relatif aux délégations des fonctions d'officier de l'état civil.

En premier lieu, il s'agit de remplacer le bourgmestre, officier de l'état civil, par un échevin ou un conseiller seulement pour cause d'empêchement et de supprimer la délégation générale de la fonction de l'officier de l'état civil. Ensuite, l'article 69bis nouveau permettra au bourgmestre de déléguer ses fonctions d'officier de l'état civil ponctuellement pour la célébration d'un mariage déterminé ou la réception d'une déclaration de partenariat déterminée conformément aux modalités de l'article 77 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988. Il pourra ainsi laisser le choix de l'officier de l'état civil respectivement aux futurs mariés et aux futurs partenaires.

Dépôt par Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, le 16/09/2021

Dépôt par Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 16/09/2021

Rapporteur : M. Dan Biancalana

Travaux de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes

(Président : M. Dan Biancalana) :

30/03/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi  
Examen du projet de loi et des amendements gouvernementaux  
Examen des avis du Conseil d'État

04/05/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport



## Travaux de la Commission de la Justice

(Président : M. Charles Margue) :

30/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen du projet de loi et des amendements gouvernementaux

Examen des avis du Conseil d'État

04/05/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 19/05/2022

Loi du 8 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 275, page 1

## Cour pénale internationale : affamation délibérée de civils comme méthode de guerre

### 7942 – Projet de loi portant approbation de l'Amendement à l'article 8 du Statut de Rome de la Cour pénale internationale (fait d'affamer délibéré des civils), fait à La Haye, le 6 décembre 2019

Le projet de loi n° 7942 vise à faire approuver par la Chambre des Députés l'amendement à l'article 8 visant à insérer un nouvel article 8-2-e)-xix) relatif au fait d'affamer délibérément des civils comme méthode de guerre, en les privant de biens indispensables à leur survie, y compris en empêchant intentionnellement l'envoi des secours, adopté le 6 décembre 2019 par l'Assemblée des États Parties au Statut de Rome de la Cour pénale internationale, lors de sa 9<sup>e</sup> séance plénière.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 05/01/2022

Rapporteur : M. Yves Cruchten

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

(Président : M. Yves Cruchten) :

02/05/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

13/05/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 17/05/2022

Loi du 22 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 318, page 1

## UE : Extinction des traités bilatéraux d'investissement

### 7953 – Projet de loi portant approbation de l'Accord portant extinction des traités bilatéraux d'investissement entre États membres de l'Union européenne, signé à Bruxelles, le 5 mai 2020

Le projet de loi n° 7953 vise à approuver l'Accord portant extinction des traités bilatéraux d'investissement entre États membres de l'Union européenne, signé à Bruxelles, le 5 mai 2020. Cet Accord vise à mettre fin de manière coordonnée à l'ensemble des traités bilatéraux d'investissement conclus entre les États membres de l'Union européenne et prévoit un mécanisme transitoire pour les procédures d'arbitrage en cours. Par ailleurs, les États membres s'engagent à ne pas rouvrir des procédures d'arbitrage achevées. L'Accord fait suite à un arrêt de la Cour de justice de l'Union européenne ayant constaté l'incompatibilité avec le droit de l'Union des clauses d'arbitrage prévues dans les traités bilatéraux d'investissement conclus entre États membres et s'inscrit

dans le cadre du processus de l'élaboration d'une réglementation européenne relative à la protection et la facilitation des investissements au sein de l'Union européenne. Cet Accord met fin aux 13 traités bilatéraux d'investissement que le Luxembourg a conclus dans le cadre de l'Union économique belgo-luxembourgeoise (UEBL).

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 19/01/2022

Rapporteur : M. Yves Cruchten

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

(Président : M. Yves Cruchten) :

02/05/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

13/05/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 17/05/2022

Loi du 20 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 333, page 1

## Convention de non double imposition avec la Belgique

### 7965 – Projet de loi portant approbation de l'Avenant à la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique en vue d'éviter les doubles impositions et de régler certaines autres questions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole final y relatif, signés à Luxembourg le 17 septembre 1970, tels que modifiés par les Avenants du 11 décembre 2002, du 16 juillet 2009 et du 5 décembre 2017, fait à Luxembourg, le 31 août 2021

Le projet de loi a pour objet d'approuver l'Avenant, fait à Luxembourg, le 31 août 2021, à la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique en vue d'éviter les doubles impositions et de régler certaines autres questions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg le 17 septembre 1970, tels que modifiés par les Avenants du 11 décembre 2002, du 16 juillet 2009 et du 5 décembre 2017. L'Avenant a pour objet d'augmenter le seuil de tolérance exprimé en jours pendant lesquels l'État de résidence d'un salarié renonce à imposer les rémunérations qui sont liées à une activité exercée sur son territoire ou sur le territoire d'un État tiers. L'Avenant fixe une augmentation du seuil de tolérance de 24 jours ouvrables à 34 jours ouvrables, permettant ainsi aux travailleurs frontaliers de profiter davantage du télétravail.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 09/02/2022

Rapporteur : M. Guy Arendt

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président : M. André Bauler) :

14/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

03/05/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 17/05/2022

Loi du 22 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 338, page 1





## Sommaire

1. **Ouverture de la séance publique** ..... p. 08  
M. Fernand Etgen, Président
2. **Dépôt d'une proposition de loi par Mme Myriam Cecchetti** ..... p. 08  
Exposé : Mme Myriam Cecchetti
3. **Interpellation de M. Dan Biancalana au sujet des peines et mesures alternatives à l'emprisonnement** ..... p. 08  
Exposé : M. Dan Biancalana  
Débat : M. Léon Gloden (interventions de Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice) | M. Pim Knaff | M. Charles Margue | M. Roy Reding | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice (interventions de M. Mars Di Bartolomeo, M. Léon Gloden et M. Gilles Roth)
4. **Dépôt d'une motion par M. Jeff Engelen** ..... p. 20  
Exposé : M. Jeff Engelen
5. **Question élargie n° 143 de M. Gusty Graas au sujet de la situation des organisations non gouvernementales et des organisations s'engageant dans le domaine des droits civiques au Nicaragua** ..... p. 20  
M. Gusty Graas | M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire
6. **Question élargie n° 146 de M. Laurent Mosar au sujet du Google Data Center à Bissen** ..... p. 21  
M. Laurent Mosar | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | M. Laurent Mosar (intervention de M. le Ministre Franz Fayot) | M. le Ministre Franz Fayot (intervention de M. Laurent Mosar)

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Sam Tanson et M. Franz Fayot, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 13.31 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Nee, Här President.

### 2. Dépôt d'une proposition de loi par Mme Myriam Cecchetti

**M. Fernand Etgen**, Président | Den éischte Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass d'Interpellatioun vum Här Dan Biancalana iwwert d'Alternativen zu Prisongsstrofen. D'Riedezäit ass nom ...

**Une voix** | Mir haten nach e Gesetz.

**M. Fernand Etgen**, Président | A jo. Hei ee Moment nach. Fir d'éischt ginn ech d'Wuert un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti fir den Depot vun enger Proposition de loi.

#### Exposé

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk), auteure | Här President, ech deposéieren eng Gesetzespropos, fir d'Rechter vun de Plattformarbechter/innen ze stärken. Déi gréisste Plattform wéi Deliveroo oder Uber sinn zu Lëtzebuerg nach net present, mee d'Phenomeen vun der Uberisatioun huet awer och zu Lëtzebuerg scho Fouss gefaasst mat Plattformen wéi WeDely oder Goosty, déi sech aller Warscheinlechkeet no ausserhalb vum legale Kader vum Aarbechtsrecht beweegen, respektiv Lächer an der Legislatioun ausnotze kënnen.

Wuel wëssend datt op EU-Niveau un enger Direktiv iwwert dës Problematik geschafft gëtt, menge mir, datt

esou séier wéi méiglech legiferéiert muss ginn, éier datt d'Entwécklungen nach méi a Schwong kommen.

Spuenien huet eis et virgemaach a festgeluecht, datt Livreuren a Livreurinnen, déi iwwer digital Plattformen Livraisonsoptråg kréien, zum Beispill fir Essen ze liwweren, als Salarié gewäert ginn an domadder dann och d'Rechter zougewise kréien, déi engem Salarié iwwer Gesetz zoustinn.

Mir proposéieren hei dat selwecht a ginn eng Gesetzespropos vun der CSL eran, déi ënner anerem folgend Ännerunge virgesäit:

Plattformen ginn definéiert als Personnes physiques ou morales, déi d'Demandeuren vun enger Prestatioun an d'Prestataire, also d'Plattformarbechter/innen, a Relatioun matenee setzen a soumat dës Relatioun digital oder elektronesch organiséieren.

Wann ee Krititär vun enger Rei vun am Text opgezielte Kritikënen erfëllt ass, gëtt e Plattformarbechter oder eng -aarbechterin, deen oder déi üblecherweis um Lëtzeburger Territoire seng older hir Aarbecht verricht, als Salarié/e ugesinn. Hei spillt dann eng Présomption de contrat de travail an d'Plattform ass dann och als Employeur ze gesinn.

D'Notioun vum Détachement virtuel gëtt agefouert, woumat séchergestallt ass, datt och Aarbechten, déi iwwer sougenannt Micro-travail-Plattformen wéi „Amazon Mechanical Turk“ bestallt an ausgefouert ginn, ënnert déi nei Reeglung am Code du travail falen. Bestëmmt Praktiken, déi an der Plattformwirtschaft üblech sinn, gi mat dëser Gesetzespropos verbueden, entre autres datt de Plattformarbechter oder d'-aarbechterin keen Zougang zu den Informatiounen iwwer seng oder hir Bewäertung a Klassifizierung op der Plattform kritt.

Mir mengen, datt mat dëser Gesetzespropos Honnerten, vläicht Dausende Plattformarbechter/innen zu Lëtzebuerg an iwwert den Détachement virtuel

souguer deelweis op anere Plazen op der Welt an de Genoss vun anstännegen Aarbechtsbedingungen, enger korrekter Bezuelung an enger sozialer Ofsécherung géife kommen.

Ech soen Iech Merci an ech deposéieren dat heimadder. Wannechgelift.

*8001 – Proposition de loi relative au travail fourni par l'intermédiaire d'une plateforme*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti.

### 3. Interpellation de M. Dan Biancalana au sujet des peines et mesures alternatives à l'emprisonnement

An da kéime mer zur Interpellatioun vum Här Dan Biancalana iwwert d'Alternativen zu Prisongsstrofen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an et hu sech ageschriwwen: den Här Léon Gloden, den Här Pim Knaff, den Här Charles Margue, den Här Roy Reding, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Marc Goergen. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

#### Exposé

**M. Dan Biancalana** (LSAP), interpellateur | Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Interpellatioun iwwert d'alternativ Strofen zum Prisong, déi sougenannte Bewärgungsstrofen a -mesuren, ass aus dem Gedanken entstanen, dass et an eiselem Lëtzebuergesche Strofsystem immens vill alternativ Strofen oder änlech Instrumenter gëtt, déi der Justiz, der Magistratur d'Méiglechkeete ginn, net direkt eng fest Prisongsstrof auszeschwätzen, och wann an eiselem System d'Prisongsstrof d'Peine principale ass.

Bewärgungsstrofen a -mesurë si generell wéineg respektiv vill manner visibel am Verglach zu de Prisongsstrofen, well an eiser Gesellschaft de Prisong duerch seng Maueren, déi eng geografesch a securitaire Limitatioun an der Mémoire collective duerstellen, vill méi gräifbar ass.

Opmierksamkeet erhalte Bewärgungsstrofen a -mesurë leider nëmmen, wann aussergewöhnlech an isoléiert schlëmm Faite stattfannen. Zu Lëtzebuerg ass dat bis dato ganz wéineg de Fall gewiescht, dat awer och am Kader vun negativen Berichterstattungen, déi dës Mesuren dann a Fro stellen an de Risque de récidive, d'Geféierlechkeet, an de Virdergrond réckelen.

Dass oft vill vun dësen Alternativen e reelle Succès duerstellen, gëtt da komplett ausgeblent a guer net thematiséiert. Och ausserhalb vun esou Situatiounen gëtt generell recht wéineg iwwert dës Alternative geschwat. Dat ass zu Lëtzebuerg anescht wéi a villen aneren europäesche Länner, déi verstärkt doriwwer kommunizéieren.

De Robert Badinter, de fréiere Garde des Sceaux, sot a seet ëmmer erëm, wann en d'Méiglechkeet huet, dass déi éischt Cause vun der Récidive d'Condition pénitentiaire ass. An deem Sënn däreft d'Prisongsstof net déi eenzeg sinn, well déi ass net ëmmer déi effikass. Si ass sécher effikass, wann enger Persoun temporaire d'Facultéit ewechgeholl gëtt, sech fräi ze beweegen, mee den „tout carcéral“ ass sécher net d'Léisung an déi adequaatsten Äntwert op deviant Verhalen. Mee ze oft gëtt déi fest Prisongsstrof als déi eenzeg richteg Strof duergestallt an ugesinn, wat awer bei Wäitem net de Fall ass!

Iwwert d'Fro, firwat Mënsche Strofdote beginn, kéint ee ganz sécher Bicherregaler fëllen, zemools wann een d'Diskussioun féiert, firwat verschidde Mënsche stroffälleg ginn a firwat aner net.

Fir de Kader vun dëser Interpellatioun net ze sprengen, well et ass e komplex Thema, hunn ech mech op Alternativen zum feste Prisong konzentréiert, ouni op déi allgemeng Alternativen zu Litigen anzogoe wéi d'Médiatioun oder de Jugement sur accord.

Fir d'éischt presentéieren ech, wat et also vun alternative Strofe gëtt zu eiem Prisong, zu eiem Strofsystem, an ech wäert och Zuelematerial zitieren an do wäert ech natierlech de Rapport annuel huele vum Ministère de la Justice, dee vum Joer 2020. Dee vum Joer 2021 ass nach net publizéiert, mee ech mengen awer, dass d'Madamm Justizministesch do sécherlech méi aktuell Donnéeën huet. An awer och, mengen ech, eng flott an interessant Ressource, déi vum Conseil de l'Europe, de SPACE I an II, wou Lëtzebuerg och ëmmer Donnéeën eraschéckt.

A wann ech während der Interpellatioun vum Prisong schwätzen, dann ass et virun allem dann och souwuel Schraasseg wéi och Giwenech, wou natierlech d'Capacitéit besteet, fir 600 Prisonéier opzehuelen. An duerfir baue mer hei en drëtten Prisong, eis Maison d'arrêt zu Suessem um Uerschterhaff, wou d'Capacitéit effektiv eropgesat gëtt. Awer vu déi limitéiert Capacitéit, déi mer hunn, kënnen alternativ Strofen a Mesuren och en Impakt op d'Prisongspopulatioun hunn.

An éischter Linn kann een ënnerscheiden tëscht den alternative Mesuren, awer och de Modalitéite vun der Exekutioun vum enger Strofe, déi zu enger Bewährungsmesure féiere kënnen.

Do gëtt et natierlech och Mesurë virun der eigentlecher Verurteilung. Dat ass de sogenannte Contrôle judiciaire. Dat ass eng speziell Alternativ zu dem Prisong, well dës Mesure kann um Niveau vun der Instruktioun vum Untersuchungsrichter geholl ginn, mee awer och vun der Chambre du conseil. Et ass also eng Alternativ zu der Untersuchungschaft, an eng Persoun, déi festgehalte gëtt, kann also fräigelossginn an ënnert de Regimm vum Contrôle judiciaire gesat ginn. Fir déi betraffe Persoun heescht dat, dass se sech fräi beweegen kann, mee dass se awer Konditiounen muss ganz kloer erfëllen.

Si kritt d'Obligatioun, dass se den nationalen Territoire net dierf verloossen, dass se sech muss à disposition vun der Justiz halen, dass se verschidden Entrevuë muss wouerhuelen an dass se och hir Aarbecht respektiv e gewëssene Suivi muss opsichen. An dee Service, dee sech drëms bekëmmert, wann effektiv déi Konditiounen d'ailleurs och geschwat ginn, ass de Service de probation vum SCAS, deen 38 Dossieren d'lescht Joer suivéiert huet. Et sinn effektiv awer och eng Rei Suivien, déi vun der Police gemaach ginn. Vis-à-vis vun deenen zwee Services muss ee sech also reegelméisseg presentéieren.

Bei der Verurteilung gëtt et och Mesuren. Natierlech wësse mer alleguerten heibannen, dass fir d'Riichter d'Festsetze vun engem Strofmoss e ganz komplexen an nuancierte Prozess ass an d'Individualiséierung vun der Strofe bleift och hei e wichtege Aspekt. An an der laanger Traditioun vun der Iwwerwaachung vu Stroftäter – an déi hu mer hei zu Lëtzebuerg ganz kloer – sinn d'Vertrauen an de Respekt ausschlaggebend, wann ee konstruktiv Mesuren agoe wëllt, wat d'sozial Agliderung ugeet. An do brauch een net nëmme Motivatioun vum Justiciable, mee awer och d'Volontéit vun der Gesellschaft, dës zouzeloossen. Och eis Gesellschaft ass also mat responsabel, ob d'Insertioun gléckt oder net am Kader vun Alternativen an doriwwer eraus.

Eng aner Mesure ass den Travail d'intérêt général, d'Aarbecht, déi op net bezuelter Basis genotzt gëtt, fir de Stroftäter also de Prisong ze erspieren. Hei

geet et drëms, eng Prisongsstrofe bis sechs Méint als gemengnützlech Aarbecht ze verrichten. Dat gëtt oft gemaach am Service vun der Kollektivitéit an d'Mesure kann op kommunalem a staatlechem Niveau, awer och bei ASBLE genotzt ginn.

D'Zil ass och hei ganz kloer, eng konstruktiv Alternativ ze bidden, déi an engem kloer definéierte Kader stattfënnt a wou een och iwwer seng Dot nodenke kann. A well et op Prisongsstrofen vu net méi wéi sechs Méint begrenzt ass, ass natierlech dat heiten och geméint fir Stroftäter, déi de Wee an eis Gesellschaft méi einfach fanne missten a sollten.

Wann ee sech d'Statistiken ukuckt, da gesäit een, dass de Recours zu dëser Mesure nawell staark zougeholl huet. 2012 goufen 269 Leit suivéiert, 2019 463 an 2020 515. Et kann een also eng steigend Tendenz vum Recours zu dëser Alternativ zur Fräiheitsstrofe feststellen an dat ass u sech jo ganz positiv.

Ech verweisen och hei op eng Question parlementaire, déi ech zesumme mam Mars Di Bartolomeo zum Sujet vum Travail d'intérêt général gestallt hunn. An do war et och ganz besonnesch interessant, an der Äntwert vun der Madamm Justizministesch ze liesen, dass 2020 86 Travaux d'intérêt général fäerdeg gi sinn.

Wann een déi Zuele gesäit, kann ee sech natierlech d'Fro stellen duerch déi steigend Tendenz vun den Travaux d'intérêt général, wat do de Fait déclencheur war, fir dass effektiv déi Zuelen zouhuelen. Firwat gi se esou staark an d'Luucht? Wat huet dës positiv Tendenz ausgeléist? A gouf et do nei Prioritéiten, nei Direktiven an deene leschte Joren, déi vun de Juridictionen erstallt goufen, fir méi e massive Recours op dës Alternativ?

Här President, eng weider Alternativ ass d'Suspension du prononcé de la peine. Och hei gesäit eisen Droit commun vir, dass eng Suspensioun vum Prononcé vun der Condamnatioun ka stattfannen. A bei dësem Mechanismus, well dat ass interessant, gëtt sécherlech engersäits déi ugekote Persoun als schëlleg unerkannt, mee de Richter prononciéiert amplaz vun enger Strofe eng Proufzäit. Generell ass dës Mesure awer immens praktesch, well et éischters emol net zu enger prononciéierter Verurteilung kënnt an zweetens déi betraffe Persoun eng zweet Chance kritt. Dat heiten ass och eng Mesure, déi generell ganz vill genotzt gëtt. 2019 waren 23 Leit an där Mesure an 2018 der nach 34.

Dann de Sursis simple a Sursis probatoire. Ech fänke mam Sursis simple un. Hei ass den Ënnerschied par rapport zu der Suspension du prononcé, dass en Urteil geschwat gëtt. Wann de Strofrichter eng Prisongsstof prononciéiert, huet hien natierlech och hei d'Méiglechkeet, als Alternativ zum feste Prisong e partiellen oder feste Sursis ze prononciéieren. A wann de Richter sech fir deen dote Wee decidéiert, dann heescht dat och am Kloertext, dass en Deel vun der Ausföerung vun der verhängter Strofe dann eeben op Sursis gestallt gëtt, ganz oder deementspriedend partiell. Mee och hei ass am Kader vum Sursis eng Proufzäit virgesinn an natierlech dierf de Justiciable während där doter Proufzäit keng weider nei Strofdot begoen, well soss gëtt effektiv dann och d'Prisongsstrofe exekutéiert. Bei all de Mesuren, déi mer hei de Mëtteg wäerten diskutéieren, ass am Fong d'Prisongsstof ëmmer wéi en Damoklesschwaert, dat iwert engem schwieft. An de Sursis simple ass hei och eng Mesure, déi vill vun de Riichter genotzt gëtt.

De Sursis probatoire: Do ass d'Situatioun esou, dass deen och ka partiell oder total ugewannt ginn. A wann eng Persoun ugeklot gëtt, kann de Richter och hei dës Persoun ënner Sursis stellen a kann also dann

decidéieren, e Sursis probatoire ze schwätzen; ganz oft bei Persounen, déi déi éischte Kéier verurteelt gi sinn, also Primo-délinquants, an dann eréischt kann och eng Probatioun decidéiert ginn.

D'Probatioun gëtt engem hei e ganz villsäitege Kader. Do kënnen Iwwerwaachungsmesuren a verschidde Verflüchtungen fir déi betraffe Persounen decidéiert ginn. Dorënner falen och Mesuren, déi de Verurteilten natierlech sollen ënnerstëtzen, nees a säi soziaalt a familiäert Ëmfeld eranzefannen, an esou och seng gesellschaftlech Agliderung vereinfachen. Dat ass eng ganz Palett vun Obligatiounen: reegelméisseg Entrevuë mat der Bewährungshëllef; donieft kann déi betraffe Persoun och imposéiert kréien, hirer Aarbecht nozegoen oder deementspriedend eng Therapie ze maachen, an natierlech sinn hei Informatiounen iwwer de Liewensmilieu ganz wichteg an déi leien och vir.

Et ass natierlech och festgehalen, dass déi Konditiounen de But verfollegen, fir d'Kontroll iwwer d'Verhalen an effektiv dat soziaalt Reklassement vun der betraffener Persoun ze halen. Et geet engersäits ëm d'Kontroll an op där anerer Säit ëm Hëllefstellung. An ech mengen, am Hannerkapp sinn awer ëmmer nach déi Propose vum Michel Foucault, dass een de Kierper soll disiplinéieren, an de panoptesche Gedanke sécherlech och nach ganz present.

Mee fir d'Probatioun sinn d'Ziler vu Bewährungsmoossnamen, net nëmmen d'Resozialisatioun, mee och d'Gesellschaft ze schützen iwwer d'Reduzéierung vun der Réckfallquot. Deementspriedend sinn also Hëllef a Contrôle zwou Komponenten, déi zesumme gedroe ginn an déi natierlech och derzou bäidroen sollen, dass Gesetzter erëm vum Justiciable respektéiert ginn an dass en erëm e stroffräit Liewe féiert. An an deem Kader gëtt natierlech och d'Attitud, déi ee vis-à-vis vum Affer huet – wann en Affer do ass –, mat a Considératioun geholl.

A falls eng vun deene Konditiounen während der Proufzäit net erfëllt gëtt, dann ass natierlech de Risiko, dass de Sursis ka verfalen an dass déi ursprénglech festgehalte Prisongsstrofe exekutéiert gëtt.

Wann een do natierlech d'Zuele kuckt an och déi leien am Rapport vir: Am Joer 2019 huet do d'Bewährungshëllef de Suivi gemaach vu 523 Fäll an 2020 waren dat der nëmmen nach 478 – vläicht och pandemiebedingt. Mee d'Scheema, dat een awer ... Déi Statistiken, déi een am Rapport vun de Juridictionen hei fënnt, illustréieren awer och anhand vun enger Courbe déi falend Tendenz, wat de Recours zu dëser Mesure ugeet.

Mir gesinn, dass am Joer 2012 797 Leit am Sursis probatoire suivéiert gi sinn. 2019, wéi gesot, 523, 2020 pandemiebedéngt vläicht 478. D'Tendenz geet also ganz staark erof, obwuel dës Mesure duerch de Paradigmewissel vun der Reform vun 2018 iwwer d'Exécution des peines an der Volontéit vum Legislateur d'Norm sollt ginn. Legal ass festgehalte gi vum Legislateur, dass de Richter soll dës Mesure prononciéieren an dass e Refus fir e Sursis probatoire sengersäits muss justifiéiert ginn. Logescherweis missten d'Zuelen doduerch eropgoen, wat awer bis elo net de Fall ass.

An et mierkt een och op där anerer Säit awer alljoers, dass vill Sursis-probatoiren zu Enn gefouert ginn, dass der weineg revokéiert ginn. An dat ass jo och u sech positiv.

Här President, et kann ee sech also d'Fro stellen: Wat wësse mer iwwer déi Tendenz vun 2021 respektiv déi Tendenzen, déi erofginn? Wat sinn déi Argumenter, déi vun de Riichter ugefouert ginn, fir kee Sursis probatoire ze schwätzen, och wann d'Volontéit vum Legislateur eng aner war?



Da kéint een och d'Fro opwerfen, ob déi potentiell Beneficiairë vum Sursis probatoire, déi vum Profil hier jo oft Mënsche mat enger Suchtproblematik sinn, vun Ufank un, also ab initio, d'Konditioun vum Logement respektiv Aarbecht net erfëllen an dofir och kee kréien. Et kéint ee sech d'Fro stellen, ob si dann éischter eng fest Prisongsstrof kréien, obwuel een op där anerer Säit mierkt, dass d'Prisongspopulation iwwert déi lescht Joren och kontinuierlech erofgaangen ass, och wann emol deen een oder deen anere méi kleng Pic war. Et misst een och sécher méi am Detail kucken, wéi vill Leit vun der Strofsjustiz generell erfaasst goufen a wéi de Volume vun de Condamnatiounen sech opdeelt.

Dat sinn effektiv Elementer, déi sécherlech dës Interpellatioun depasséieren an déi sécherlech och méi genau wëssenschaftlech missten opgeschafft ginn.

Et gëtt och eng Rei Mesuren, déi zu der Preparatioun vun der Fräiheet bäidroen an déi och Bewährungsmesurë preparéieren.

Mir hunn engersäits d'Exécution fractionnée, dat ass eng fraktionéiert Ausföerung vun enger Prisongsstrof, déi net méi wéi ee Joer däerf sinn. Et ass eng Modulatioun vun der Prisongsstrof, déi an Intervalle kann ausgeföert ginn an och déi engem effektiv erméiglecht, deelweis an der Fräiheet enger legaler a bezuelter Aarbecht kënnen nozegoen. An och do gëtt d'Reinsertioun, wéi gesot, favoriséiert.

Eng aner Modalitéit ass d'Semi-liberté, also d'Hallefräiheet, déi ganz oft vu Giwenech aus ëmgesat gëtt, fir kënnen op seng Aarbecht ze goen, fir kënnen och eng Formation professionnelle ze maachen, fir sech medezinnesch an therapeutesch betrieien ze loosse. Alles dat sinn Elementer, déi zu der Preparatioun vun enger Libération kënnen bäidroen. An och do gesäit een, dass am Joer 2020 71 Persounen an der Semi-liberté waren, 2019 82 an 2018 116. Dat hält also e bëssen of, mee op alle Fall sinn och dat wichteg Elementer.

Da kënnt e sougenannte Congé pénal, kee Congé am traditionelle Sënn, wéi mir en hei kennen, mee och do kann e Gefaangenen de Prisong verlosse während engem Deel vun engem Dag oder während 24 Stonnen oder e bësse méi. An hei kann eng Persoun also temporaire aus dem Prisong erausgoen mat der Obligatioun, no der festgeluechter Zäit erëm zrëckzegoen. An de But vum Congé ass natierlech d'Erhale vun de familiäre Lienen, awer och fir Kontakt mat der Aarbechtswelt opzehuelen, fir och esou d'Reinsertion sociale ze fërderen. Si ginn natierlech och do vum Service de probation vum SCAS begleet während deene Sortien. Natierlech ass och do 2020 d'Zuel erofgaangen op 35 Congés pénaux, während et der 2019 nach 86 waren.

An dann nach en anert Element: d'Suspension de l'exécution la peine. Och déi kann als Preparatioun zu der Fräiheet, wéi gesot, déngen a kann och kuerz virun der definitiver Entloossung accordéiert ginn.

Dann e ganz wichteg Element vun enger Bewährungsmesur: d'Libération conditionnelle. Déi huet Tradition, déi ass am 20. Joerhonnert hei zu Lëtzebuerg agefouert ginn, mee net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, och an eisen Nopeschlänner. A wéi den Numm et scho seet, gëtt d'Fräiheet nëmmen dann accordéiert, wa verschidde Konditiounen erfëllt sinn an och agehale ginn. Et weess een natierlech, dass Gefaangener ëmmer erëm mat engem Stigma behaft sinn, zemoos well se scho ganz oft a vulnerabele Situatiounen sinn. An déi Vulnerabilität gëtt natierlech duerch de Strofvollzuch am Prisong nach verstärkt an esou kommen natierlech och schwerwiegend sozial Nodeeler op se zou.

Mam Prisong gi vill Lienen ewechgeholl, engem ewechgerappt, déi sozial, déi professionell, déi familiär. An eng fest Prisongsstrof huet also och e kloren aschneidende Charakter, och wa vill Effort gemaach ginn, fir dat vun der Säit vun de Professionellen ze reduzéieren.

Alternativen, déi sech an der Fräiheet ofspillen, si sécher manner aschneidend, mee lafen an engem Kader, wou duerch d'Asetze vu Konditiounen och eng Rei Contrainten entstinn; Konditiounen, déi et also gëllt ze respektéieren, souwéi dat och de Fall ass bei der Libération conditionnelle.

De Recours op d'Libération conditionnelle wéi och op all déi aner Mesurë kënnen natierlech och hëllefen, d'Prisongsbevëlkerung ze reduzéieren.

D'Konditiounen bei der Libération conditionnelle sinn och un d'Zäit gebonnen, déi de Prisonéier ofgesat huet. Och hei ass en enger gewëssener Proufzäit ausgesat. An och do, wann en effektiv eng nei Strofdot begeet, leeft en de Risiko, dass d'Reschtsstrof exekutéiert gëtt respektiv déi nei Strof derbäikënnt, awer déi Konditiounen, déi Contrainten, déi en huet, si sécherlech méi oder manner streng, a sinn awer virun allem individualiséiert. Niewent individualiséierte Konditiounen wéi Wunnen, Schaffen, therapeuteschem Suivi gëtt awer och hei erëm d'Attitud gekuckt, déi ee par rapport zum Affer huet, well och dat sinn Elementer, déi zur Reinsertioun kënnen bäidroen. Och dee ganze Volet ronderëm d'Justice restaurative, mengen ech, ass hei och e ganz, ganz wichteg Aspekt.

D'Zuele vun der Libération conditionnelle – och dat kann een noliessen – bleiwe stabil. 2018 an 2019 waren 248 Leit an der Libération conditionnelle, 2020 waren et der 253. Och do gesäit ee wéineg Revokatiounen, déi geschwat ginn, a vill Libérations conditionnelles ginn zu Enn gefouert. Dat ass e gutt Zeechen. Dat weist, dass dës Mesur gutt preparéiert ass an dass d'Exekutioun dovunner effikass ass.

Dann eng weider Mesur: d'Surveillance électronique, déi sougenannt elektronesch Foussfessel. Duerch d'Gesetz vum Juli 2018 iwwert d'Exécution des peines ass dës Mesur op legalem Niveau verankert ginn. A puncto Konditiounen kann d'elektronesch Foussfessel nëmme Verurteelten zougesprach ginn, déi eng Prisongsstrof ofsetze mussen, déi gläich oder manner wéi dräi Joer ass, an déi betraffe Persoun dierf och keng Gefor duerstellen. Och hei muss de Justiciabel beweisen, dass hien enger professioneller Tätigkeet nogoe wäert, e Stage, eng Formation oder och als Demandeur d'emploi ageschriwwen ass. E muss awer och beweisen, dass en u sengem Familieliewen deelhält respektiv sech dann och therapeutesch, medezinnesch behandle léisst, wann dat deementsprechend néideg ass.

Dës Mesur ass eng praktesch Alternativ zu festem Prisong, well déi concernéiert Persoun oft no hirer rechtskräfter Verurteilung an de Genoss dovunner ka kommen, mee se bleift awer nach ëmmer eng Fauteur.

Bei där Mesur gëtt dem Fräigelosenen och verbueden, während festgelueche Periode säin Haus ze verlosse. Et gëtt also en Uert festgehalen. Et ass quasi entre guillemets e „Prisong doheim“. Et ass e virtuelle Prisong, deen och säin Impakt um Niveau vun der Exekutioun huet. An natierlech gëtt hei och mat a Betruucht gezunn, dass de Justiciabelen am Kader vun de festgehalen Aktivitéiten soll schaffen, wat natierlech och seng Agliderung favoriséiert.

Déi modernste Mesur – déi während laange Joren an enger Pilotphas war an 2018 verankert gouf –, heescht awer net ëmmer, dass et déi mam meeschte

Succès ass, wann ee quantitativ kuckt. Wann am Joer 2012 an der Pilotphas nach 82 Leit an der Surveillance électronique waren, waren et der 2019 55 an am Joer 2020 39. Wat awer sécher positiv ass, och déi kommen zu engem gudden Enn, wa se bis exekutéiert ginn. An och hei kann ee sech d'Fro stellen, och un d'Madamm Justizministesch. Et ass vläicht éischter och en Appell, well ech weess, dass Dir keng direkt Mainmise drop hutt. An zwar kann ee feststellen, wéi gesot, dass 42,5 % vun de Strofen am Prisong bis zu dräi Joer sinn. An eng Surveillance électronique, d'elektronesch Foussfessel, huet och eng entsprechend Durée. Wéi gesot, déi Prisongsstrof, déi a Fro kënnt, dat sinn och dräi Joer. A kéint een am Fong net do usetzen, fir effektiv déi Prisongsstrof partiell oder ganz duerch d'elektronesch Foussfessel ze ersetzen? Et mierkt een also, dass d'Applikatioun vun dëser Mesur sech a Grenzen hält, obwuel dës Mesur am Gesetz vum 2018 an eiser national Legislatioun verankert gouf.

Des Weidere gesäit een awer och, dass d'elektronesch Foussfessel, déi elektronesch Iwwerwaachung, och eng Modalitéit am Kader vum Contrôle judiciaire ka sinn, also virun der Verurteilung, déi kann imposéiert ginn. Wéi dat awer an der Praxis gehandhaabt gëtt ..., do gesäit een, dass de Recours op dës Mesur ganz geréng ass. An och dat ass als Novum am Gesetz vum 2018 festgehalen ginn, dass se am Kader vum Contrôle judiciaire kann agesat ginn. Besonnesch wann een awer bedenkt, dass de Legislateur dës Méiglechkeet geschafen huet an dass et an der Praxis ausgesäit, wéi wann dës Moyen iwwerhaupt guer net genotzt gëtt.

All dës Mesuren, déi ech bis elo ernimmt hunn, wieren awer net effikass, wa keen effektive Suivi géif gemaach ginn. An genau do kënnt d'Bewährungshëllef an d'Spill, déi de psychosoziale Suivi mécht: sozial Enquêtes a Rapporten zu de sellegen alternative Peinen a Mesuren. Déi Mesuren, déi hei suivéiert ginn, bleiwen natierlech héich: 2020 waren dat der 1.813 an 2019 1.869.

Wann een natierlech e bësse méi genee op déi Chifferen, op déi Statistiken kuckt: 2019 waren op 100.000 Awunner 156 Leit an der Bewährung hei zu Lëtzebuerg, am Prisong waren et der am Verglach 108,2. 2020 waren 154 Leit op 100.000 Awunner op Bewährung, am Prisong am Verglach waren et der 87,8. Ech mengen, dat sinn Zuelen, déi de Conseil de l'Europe eis liwwert. An et gesäit een awer och an der Bewährung, dass 82 % vu Leit a Mesur wéi Sursis probatoire, Travail d'intérêt général an 18 % an der Libération conditionnelle sinn.

Wann een och e Bléck werft op d'Zuelen 2020, do gesäit een, dass, wéi gesot, een Drëttel vun de Mesuren am Kader vum Travail d'intérêt général ofleef, een Drëttel am Kader vum Sursis probatoire an 18 %, wéi gesot, an der Libération conditionnelle.

An der Praxis ass de Suivi och vu 45 Justiciabele pro Bewährungshelfer. Dat sinn der ganz vill. An Europa gëtt et Länner, déi no där doter Zuel méi héich leien. Et gëtt awer och Länner, déi ganz kloer drënner leien. Des Weideren ass och hei d'Charge de travail zimmlech héich.

Wat awer, mengen ech, positiv ass, an och dat fënnt een an den Zuele vum Conseil de l'Europe, ass, dass 78 % vun den Alternativen, déi suivéiert ginn, fäerdeg ginn, also och deementsprechend e Succès sinn.

Natierlech dierf een och bei dëser ganzer Diskussioun, déi mer haut hei féieren, net vergiessen, dass natierlech och d'Pandemie en Impakt hat op dee ganze Suivi am Joer 2020.

A wat natierlech och d'Juridiktiounen ugeet, effektiv ass et och wichteg, weider do ze sensibiliséieren, dass

och weider op alternativ Strofe virun der Verurteilung zréckgegraff gëtt an dass natierlech och de Recours op alternativ Strofe par rapport zum Prisong an Zukunft och verstärkt an de Virderground kënn.

D'Fro, déi ee stelle kann, ass net, ob mer nei Formen vun Alternative brauchen, mee éischter, dass ee kuckt, ob déi besteeënd, déi mer an eise Arsenal hunn, do genotzt ginn, wou se kéinte genotzt ginn.

An dëst bréngt natierlech och mat sech, dass et wichteg ass, dass allegueren déi Leit, déi hei Decisiounen huelen, wat dës Alternativen ugeet, iwwert d'Mechanisme vun dësen Alternative gutt informéiert sinn, vun hirer Utilitéit a vun hirer Effikassitéit iwwerzecht sinn, fir dass och vermeert kann drop zréckgegraff ginn.

D'Toile de fond ass natierlech dee ganze Volet vun der Exécution des peines a vun der Politique pénitentiaire. An och do wollt ech kuerz drop agoen. Ech si virdru kuerz drop agaange par rapport zu der Mesure vun der elektronischer Foussfessel, dass ee gesäit, dass 42,1 % vun de Prisongsstrofe vun engem bis dräi Joer sinn, dass ee vermeert kann drop zréckgräifen. An hei mierke mer, grad bei bis dräi Joer Prisongsstrof, si mer klasescherweis bei kleng Strofen. An ech mengen, generell soll ee sech d'Fro stellen, ob een net verstärkt hei op Alternative soll zréckgräifen, well een hei vum Profil hier an och vun der Geféierlechkeet hier sécher mat aner Justiciabelen ze dinn huet, wéi wa se effektiv länger Strofe géifen ofsetzen.

D'Politique pénitentiaire gëtt notament och vun der Exécution des peines an och vum Parquet général a vun der CHAP (ndlr: Chambre de l'application des peines) mat definéiert. Dat kann emol méi oder manner restriktiv ausgeluecht ginn. Et ass natierlech begrëssenswäert, dass och do eng gewësse Flexibilität am Kader vun der Individualiséierung zougeloo gëtt, mee och hei kéint ee sech d'Fro stellen: Wat ass generell um Niveau vun der Exécution des peines de „bigger picture“?

An an deem Kader kann ee sech och d'Fro stellen iwwert den Outil, den 2018 agefouert gouf, de Plan volontaire d'insertion. Wat sinn d'Erkenntnisser, déi een haut aus dësem neien Instrument zéie kann. Als LSAP stelle mer eis d'Fro, wéi do d'Utilitéit de Moment ass.

Et kann ee sech awer och d'Fro stellen, inwiefern de Risiko besteet, dass duerch d'Schafe vun den neie Capacitéite mam Uerschterhaff nach méi Leit an d'Détention préventive gesat ginn an déi Plazen, déi zu Schraasseg fräi ginn, nach méi schnell geféllt ginn, an dëst au détriment vu Bewärgungsstrofe respektiv Bewärgungsmesuren.

Lëtzebuerg huet jo déi Partikularitéit am Verglach zu eisen Nopeschlänner, wa mer eis och do op d'Chiffere baséieren, dass 40 % vun den Detenuen Net-residentë sinn, et also och méi schwéier ass, um nationale Plang alternativ Strofen ze huelen, och wa jo d'Méiglechkeet vum Transfert besteet, fir an hiert Heemechtsland ze goen, wa se innerhalb vun der Europäescher Unioun wunnen.

An ech mengen, och do ass et wichteg, generell mat deenen Zuelen, déi mer allegueren virleien hunn, verstärkt op wëssenschaftlech Studien zréckzegräifen, wat d'alternativ Strofen respektiv och d'Prisongsstrofen ugeet.

Här President, bei der Recherche ronderëm déi Alternativen an d'Prisongsstrofen ass ganz kloer nach Sputt no uewen. Där Meenung si mer als LSAP, well et wichteg ass, mat deenen Donnéeën, déi mer hunn, d'Statistiken ze analyséieren. Et ass wichteg, déi auszewäerten. Et ass wichteg, dat ze thematiséieren, fir

och kënnen Konklusiounen ze zéien, déi souwuel an d'Politique d'exécution des peines afléisse wéi och an d'Praxis, an dass mer och d'Praxis kënnen iwwert d'Politik belichten.

Et ass wichteg, sech an Zukunft verstärkt där Thematik méi wëssenschaftlech unzehuelen a firwat net eng Uni Lëtzebuerg oder e LISER domadder befaassen. Iwwert den dote Wee kënnen mer natierlech och besser Evaluatiounen maachen iwwert dat, wat an der Exécution des peines an och an der Bewärgung deementspreechend stattfënn an och vläicht ënnersichen, wat de Profil vun deene Leit ass, déi an eng Bewärgungshëllef kommen a wéi eng net, respektiv wat de Profil vun deene Leit ass, déi am Prisong sinn. Wat ass de Profil vun deene Leit, déi net am Prisong sinn? Mir kënnen och eng Kéier studéieren, wéi d'Effikassitéit vun deene Mesuren ass.

Wéi gesot, alles dat sinn Elementer, déi ee ka studéieren. An ech mengen och, wat ëmmer erëm hei zu Lëtzebuerg eng Diskussioun ass, dass mer och endlech Studie maachen iwwert d'Recidive an iwwert d'Heefegkeet vun der Recidive. Och dat ass ëmmer eng Diskussioun bei den alternative Mesuren an och bei feste Prisongsstrofen. Am Rapport vun 2020 vun der Direction de l'administration pénitentiaire schielt sech eraus, dass 30 % vun den Detenuen an enger legaler Recidive sinn, mee mir missten awer och definéieren, wat d'Recidive ass, nieft dem Fait, dass se legal ass, well se och esou am Code pénal definéiert ass.

Ass eng Recidive eng nei Arrestatioun? Ass eng Recidive eng nei Verurteilung? Ass eng Recidive eng nei Inhaftéierung? Ass eng Recidive d'Netanhale vu Konditiounen? Do besteet, mengen ech, och ganz kloer Klärungsbedarf, deen opzeschaffen ass.

Alleguer dës Mesurë solle jo d'Reinsertioun vun de betraffene Persounen vereinfachen. Wann eng Mesure a Succès war, ass d'Reinsertioun – wann och mat Nuancen – a priori gutt verlaaf. An déi Mesuren, déi mer hunn, déi sinn effikass, och wa se ganz oft onbegrennt als laxistesche ageschat ginn, wat se largelement net sinn. D'Chiffres à l'appui weisen, dass do e qualitativ gudd Suivi ass. An ech mengen, et ass och wichteg fir d'LSAP, dass mer an Zukunft och weider op dës Mesuren zréckgräifen an och kucken, dass se an der Praxis ugewannt ginn, fir d'Prisongen ze entlaaschten an d'Reinsertion sociale ze féerden.

Ofschléissend wéilt ech soen, dass Bewärgungsstrofen a -mesurë villschichteg a komplex sinn. Se schreiwe sech och an eng komplex Interaktioun a Perception an, déi ee vun hirer Utilitéit an der Effikassitéit tëschent Justiz, Prisong an eiser Gesellschaft huet. Si fonctionnéieren gutt. Si gi méi oder manner genotzt, dofir, mengen ech, ass et och wichteg, se weider ze promovéieren an och iwwer positiv – virun allem positiv – Resultater ze kommunizéieren.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Dan Biancalana.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden ageschriwwen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Léon Gloden (CSV) |** Merci, Här President. Merci dem Dan Biancalana fir dës Interpellatioun. An en ass zur Schlussfolgerung komm, dass Loft no uewen ass. Ech kann Iech soen, d'CSV deelt dës Meenung am Kader vun engem modernen a verbesserte Strofvollzuch.

Strofvollzuch, dat ass och e gesellschaftspoliteschen Thema, well wann een e moderne Strofvollzuch

huet, weist een och, wéi d'Gesellschaft mat de Prisonéier, mat entre guillemets „deene Schwaachen“ aus der Gesellschaft ëmgeet. A mir als CSV hu schonn an der Ried vun 2018 iwwert d'Exécution des peines gesot, dass mir d'accord sinn, dass d'Gesellschaft engem Verurteilten, deen haut nach duerch d'stolen Dier zu Schraasseg geet, och d'Méiglechkeet kritt, fir erëm zu där selwechter stolener Dier erauszugeen a sech am Liewen dobaussen zurechtzufinden.

Ech wéilt awer och eng Kéier drun erënneren, dass d'Covidkris d'Gestioun vum Prisong net méi einfach gemaach huet. Souwuel d'Prisonéier wéi och all déi Leit, déi do schaffen, haten et net einfach mat der Gestioun vum Covid, well duerch d'Covidkris haten d'Prisonéier d'Impressioun, dass se nach eng Kéier eng weider Strof kritt hunn. Si konnten net méi esou vill Besuch kréien. Et sinn aner Mesurë geholl ginn. A fir déi Leit, déi am Prisong schaffen, war et och en Challenge, fir déi Covidmesuren ëmzesetzen. Duerfir wéilt ech och deenen op dëser Plaz am Numm vun der CSV Merci soen.

Här President, de Victor Hugo sot: La société „ne doit pas ‚punir pour se venger‘ ; elle doit corriger pour améliorer.“ An dat ass och genau d'Philosophie vum Artikel 670 vum Code de procédure pénale, dee seet: „L'exécution des peines privatives de liberté favorise, dans le respect des intérêts de la société des droits des victimes, l'insertion des condamnés ainsi que la prévention de la récidive.“

Jo, deen, dee condemnéiert ginn ass, muss seng Strof ofsetzen. Fir eis ass et als CSV och wichteg – an ech hunn dat och 2018 hei op dësem Pult gesot –, dass déi Strof zäitno exekutéiert gëtt. Et kann net sinn, dass, wann ee bis condemnéiert ginn ass, nach Méint voire Joere verginn, bis dann d'Stof exekutéiert gëtt, well dat dréit net zum Versteesdemech vum Condamnéierten bäi, firwat en am Fong condemnéiert gëtt. Et ass och psychologesch wichteg, dass een déi Strof zäitno ofsetze muss.

D'Gesetz ass 2018 gestëmmt ginn, an d'Fro stellt sech, an de Kolleege Dan Biancalana huet am Fong déi selwecht Fro gestallt: Hunn d'Mesurë gegräff? An ech wéilt elo net nach eng Kéier op all enzel Mesure hei zréckkommen. Hien huet dat hei mat de Chifferen aus dem Rapport vum Justizministère vun 2020 gutt illustriert, mee ech deelen awer säi Constat, dass nach Loft no uewen ass. D'ailleurs schreift de Justizministère a sengem Rapport bei de Jugements sur accord zum Beispill, dass do och eng Evaluatioun an e Renforcement vun de Jugements sur accord muss kommen.

Och bei de sougenannte Plans volontaires d'insertion – dat war am Fong den Élément phare vun där Gesetzesännerung 2018 – muss ee feststellen, dass dat awer elo net de ganz grouse Succès ass, wann een déi Strofe kuckt.

Duerfir froe mir als CSV – an dat ass eis éischt Fuerderung, Madamm Justizministerin –, dass een eng wëssenschaftlech Evaluatioun mécht vun deenen alternative Strofmossamen an dass een och do Ligne-directricen opstellt, dass et kloer ass, transparent ass, wéini wat fir eng Mesure ka geholl ginn. Dat ass eis éischt Fuerderung.

Dann zu enger spezifischer Moossnam, an den Dan Biancalana ass och op déi agaangen, dass de Bracelet électronique, dass ass déi elektronesch Foussfessel, déi een huet, déi ee ka kréien. Do gëtt et jo, wann een dat esou liest an der internationaler Press och verschidde Modellen dovun. Bei deem engen kann een d'Box driwwer stréppen, bei deem anerere gesäit een d'Foussfessel.

An ech verweisen do op eng Question parlementaire vum Alex Bodry vun 2019, deen am Kader vun der



Violence conjugale d'Fro gestallt huet, ob d'Foussfessel net sollt op déi Infraktiounen vun der Violence conjugale ausgeweit ginn. An do war deemools d'Äntwert vun der Ministerin fir Chancëgläichheet, et géif en Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff ginn. Ech hat bal gesot: „Erëm en Aarbechtsgrupp!“ An do ass dann d'Fro, an dat misst Dir jo awer och wëssen, Madamm Justizministerin: Wou ass deen Aarbechtsgrupp drun? Sinn do Konklusiounen scho geholl ginn? Oder sinn der amgaangen, ausgeschafft ze ginn? Well dat ass eng zweet Fuerderung vun der CSV am Kader vun dëser Debat. Mir si ganz kloer derfir.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Se si scho virgestallt ginn, Här Gloden!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Mir si ganz kloer derfir.

Dat steet awer net an Ärem Rapport beim Bracelet électronique, dat hunn ech net gesinn. An duerfir si mir ganz kloer als CSV derfir, ...

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Et gëtt jo net just de Rapport.

**M. Léon Gloden** (CSV) | ... datt et zu enger Ausweidung kënn, well doduerch kënnen Violences am Domicile conjugale verhënnert ginn, well duerch dee Bracelet électronique kann ee jo deem Condamnéierte seng Plaz, seng Location notracéieren.

Dann en drëtten Punkt, an dat ass e Punkt, dee gëtt kontrovers debattéiert, dat ass déi sougenannten Incompressibilité de peine oder, wéi et och genannt gëtt, d'Rétenion de sûreté. An do verweisen ech op eng Question parlementaire vun de Kollege Mosar a Roth vun 2019, wou d'Äntwert vun Iech, Madamm Justizministesch, elo net esou positiv war, wann ech et dierf esou formuléieren.

*(Brouhaha)*

Dir gesitt dat méi skeptesch. Ech soen Iech, datt d'CSV ganz kloer fir esou eng Rétenion de sûreté ass an extreeme Fäll, wéi zum Beispill an engem Fall Dutroux.

Et gëtt et och! Et gëtt et an der Belsch. Et gëtt et a Frankräich. Et gëtt et och an der Schwäiz. An d'ailleurs rezent ass en Arrêt zu Stroossbuerg geschwat gi géint d'Schwäiz, en Arrêt vum 2. November 2021, wou kloer gesot ginn ass, datt ënner strikte Konditiounen eng Rétenion de sûreté, also esou eng Moosnam, méiglech ass.

Et ass keng zweet Strof! Et ass eng Modalitéit vun enger Exekutioun vun enger Peine, vun enger Prisongsstrof, an déi muss – jo, dat wësse mer och als CSV, an dat fuerdere mer och – klore Konditiounen ënnerleien, wéi zum Beispill engem Suivi médical, engem Suivi psychologique. Mee ech insistéieren hei drop, ech insistéieren, ...

*(Interruption)*

... ech insistéieren hei drop: Et ass eng Mesure, déi d'Gesellschaft schützt an de Condamnéierte viru sech selwer.

An duerfir, Madamm Justizministerin, géife mer Iech bidden, Är Meenung op dësem Sujet ze änneren. Do fannt Der d'Hand vun der CSV.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Dann hunn ech am Rapport gelies, Madamm Justizministerin, ...

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Léon Gloden** (CSV) | ... Dir sidd fir d'Évacuation rapide des affaires de flagrant délit. Duerfir meng Fro un Iech: Sidd Dir fir d'Comparution immédiate? Ech kann Iech soen, och déi Diskussioun scheit d'CSV net.

*(Brouhaha)*

Et ass e Moyen, fir verschiddenen Infraktiounen kënnen schnell Meeschter ze ginn am Respekt vun den néidege Prozeduren. Ech erënneren drun, si ass deemools agefouert ginn a Frankräich fir d'Fussballweltmeeschterschaft.

Jo, an Zwëschenzäit ass se och op Peinen erweidert ginn, déi bis zu zéng Joer Prisong kënnen mat sech bréngen. Dat ass eng aner Diskussioun. Mee mir sollten dee Sujet eng Kéier ganz seriö diskutéieren. Vläicht ass déi eng oder déi aner Partei heibannen, déi och do méi positiv vun esou enger Prozedur ageholl ass.

Dann, mäi leschte Punkt wier: Wat geschitt elo genau mam Prisong zu Schraasseg? Den Uerschterhaff geet jo elo geschwënn op. Och dorobber ass de Kollege Dan Biancalana agaangen. Kënnst Der eis konkret soen haut, wéi den Ëmbau, Ausbau, Ofbau, Neipbau vun dësem Prisong ausgesäit? Wat sinn d'Konzepter?

Well ech erënneren drun, datt mer jo ëmmer erëm gefuerdert hunn, an do sidd Der bei eis, datt keng Jugendlecher zesumme mat Erwuessenen an engem Prisong zesumme solle gefouert ginn. Mir hunn elo haut zwee Projet-de-loien, een iwwert d'Jugendstrofgesetz an een iwwert d'Jugendschutzgesetz. An duerfir wier ech frou, vun Iech ze héieren: Wat fir eng Pläng ginn et elo fir Schraasseg, wann den Uerschterhaff opgeet? Wéi konkret gesinn déi Pläng aus?

Well et wier net gutt, wa mer eréischt géifen ufänken mat plangen do, wann den Uerschterhaff schonn op ass. Ech sinn iwwerzeegt, datt Der mech do kënn berouegen, fir déi néideg Explikatiounen ze ginn. Dat wier also déi lescht Fuerderung vun der CSV an dëser Debat: schnell koordinéiert Pläng fir de Projet zu Schraasseg virzeleeën.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Gloden. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Pim Knaff.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Knaff, Dir hutt d'Wuert.

**M. Pim Knaff** (DP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Populatioun an de Lëtzebuerger Prisongen huet déi lescht Joren ëmmer méi ofgehall. Den Taux d'occupation ass vun 2016, wou mer bei 100 % louchen, op 77,2 % am Joer 2020 zrëckgaangen. Den Ament stinn der Justiz iwwer 700 Plazen zur Verfügung, ronn 600 am Prisong zu Schraasseg an eng 113 Plazen am Centre zu Giwenech.

Et kéint een also dozou tendéieren, fir positiv an d'Zukunft ze kucken. D'Zuele ginn erof, alles ass an der Rei.

Dat ass net esou! De Conseil de l'Europe schwätzt zënter Jore vun enger „Hyperincarcération“ zu Lëtzebuerg. Wann een den Indicateur vun der Incarcération vun de Grënnerstaate vum Conseil de l'Europe kuckt, dann ass Lëtzebuerg esouguer ganz vir mat derbäi. Och bei deenen, déi à titre préventif incarceréiert ginn, huet Lëtzebuerg mat 48,6 % ee vun deenen héchsten Tauxen. An och bei Prisongsstrofe mat Sursis leie mir mat enger Moyenne vu 94,9 op 100.000 Persounen ganz virbäi.

Wann ee sech iwwerdeems d'Chifferen am Joresrapport vun de Juridictionen a vum Justizministère vum leschte Joer ukuckt, da leien d'Condamnations primaires bei 70 % an den Taux vun der Recidive bei 30 %. Männlech Prisonéier stellen ëmmer nach dee gréissten Deel vun de Leit am Prisong. Mee wann een

da kuckt, aus wat fir enge Grënn et zu de Prisongsstrofe kënn, da sinn do virop: „autres types de vols“ mat 20 %, „infractions en matière de stupéfiants“ mat 18 %, wéinst Homicides 16 %. Bei „autres infractions“ stinn d'„infractions de circulation“ un éischter Plaz.

Interessant ass och, datt d'Fraen dacks méi laang Strofe kréien an d'Männer dacks méi kuerz oder mëttellaang Strofen.

*(Brouhaha)*

An deem Kontext géif ech gären e Punkt opgräifen, nämlech dee vun der Exécution des peines a vum Traitement vun den Demandes d'aménagement vu Strofen.

2020 sinn 1.255 där Demanden agereecht ginn, an zwar fir Congé pénal, fir en Transfert vu Schraasseg op Giwenech, fir eng anticipéiert Libération, fir Semi-liberté ..., fir nëmmen déi Grënn ze nennen.

1.074 vun deenen 1.255 Demandë si behandelt ginn, 644 dovun goufen accordéiert, 430 goufe refuséiert. Et wier hei interessant ze wëssen, wat fir eng Demanden aus wéi enge Grënn refuséiert gi sinn. Wann e Prisonéier seng Strof, soe mer, zu engem Drëttel ofgesat huet, dann ass virgesinn, datt hien zum Beispill op Giwenech ka goen. No der Hallschent vun der Prisongsstrof kann eventuell iwwer eng Libération conditionnelle nogeduecht ginn oder iwwer eng Suspensioun.

Et muss een awer ënnersträichen, datt dës Decisiounen oft dovunner ofhängeg sinn, ob dës Persoun hir Partie civile regléiert huet. Och wa si sech gutt beholl huet, keng Schwierigkeete gemaach huet, d'Autoritéite respektéiert an eventuell souguer nach Formationen am Prisong gemaach huet, déi Leit dierfen dann awer net eraus, obwuel si am Fong eligibel wieren an obwuel datt déi genannte Facteurs an esou Fäll missten entscheidend sinn.

Dofir stellt sech d'Fro, wéi eng Motivatioun e Prisonéier huet, fir sech gutt am Prisong ze behuelen a sech un d'Reegelen ze halen, wann e souwiso sech ganz Zäit muss ofsetzen, well en ni et wäert fäerdegbréngen, déi Partie-civile ganz oder och nëmmen zum Deel ze regléieren.

Firwat gëtt en exemplaresche Prisonéier genausou behandelt wéi een, deen da keng Efforte gemaach huet, dee sech net ugepasst huet, dee sech net reinseréiert huet?

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, an dësem Fall verfeelee mer eist Zil.

Och de Recours bei der Chambre de l'application des peines misst an dësem Kontext op de Leescht geholl ginn. Dës Recours geet an éischter Instanz un de Parquet an eréischt an zweeter Instanz kënnst e bei d'Magistraten, déi d'Decisioun dann oft confirméieren.

Och hei misst ee sech iwwerleeën, ob et net méi sënnvoll wier, fir sech u Frankräich ze orientéieren, wou vun Ufank un e Riichter an net de Parquet iwwert d'Urteil an iwwert d'Exekutioun befénnt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Prisong ass dacks eng final Léisung, déi awer net de Problem u sech léist. De verurteelte Mënsch gëtt wuel fir eng Zäit ewechgespaart, ma et bleift e Pak un negativen Aspekter, mat deene mer eis musse weider befaassen.

Eleng de Kader vun engem Prisong ka schonn eng wichteg Roll spillen. Am Documentaire vum Frank Gehry „Building Justice“ aus dem Joer 2018 setzt sech den Architekt Frank Gehry domat ausernee, wéi de beschtméigleche Prisong ausgesäit. Wéi soll esou

eng Plaz vun der sozialer Agliderung gestalt ginn, wou de Prisonéier e gudden Encadrement ënner optimaler Konditiounen offréiert gëtt?

An awer ...! E Mënsch ewechspäre bréngt net automatesch e Lerneffekt. Esou Leit verléieren eventuell hir Aarbecht, hir Wunneng, hiert soziaalt Ëmfeld. Jo, si knäppe vläicht schlecht Kontakter, déi si no hirer Strof erëm op de falsche Wee féieren. Hir Situatioun riskéiert, sech a Fräiheet souguer verschlémmert ze hunn. Si gerochen an en Däiwelskrees. De Sënn vun hirer Prisongstrof ass domadder net erreicht.

Et ass dofir ganz wichteg, an ech bezéie mech hei op en interessanten Artikel aus dem „Journal des tribunaux“, datt eng Peine muss Sënn erginn! Si muss op d'Prävention an och op Reinsertioun achtséiert ginn. Ech erënneren hei nach eng Kéier un déi grouss Occupatioun vun eise Prisongen an dorunner, datt d'Drogendelikter eng ganz grouss Roll spillen – ongeféier een Drëttel.

Dobäi wësse mer, datt de Prisong déi falsch Plaz fir Toxikomanen ass. Mir brauchen eis näischt virzemaachen iwwert d'Präsenz vun den Drogen am Prisong! Drogen am Prisong bedeeite Rechuten, an alt erëm e Riedche vum Däiwelskrees! Ouni uerdentlech Therapie bleift d'Drogesucht an domadder d'Gefor, datt eng Neesagliderung an d'Gesellschaft ganz schwéier voire onméiglech ass. Ganz dovun ofgesinn, datt en Drogenkranken ouni Suen erëm ganz séier an d'Beschafungskriminalitéit ka verfalen. Esou Fäll gesi mer ëmmer erëm.

Mir müssen hei am Prisong Suchttherapie ubidden, eng Suchttherapie, déi och deen Numm verdéngt. An dofir, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mussen mer méi Therapieplaze schafen, fir aus deem Däiwelskrees erauszekommen. Bei ronn 60 Milliounen Euro, déi d'Administrations pénitentiaires d'Joer kaschten, misst et méiglech sinn, en Deel méi an Therapien am Plaz a Prisongstrofen ze investéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir müssen eis mat den Alternativen zum feste Prisong beschäftegen. Ech denke beispillsweis un d'Aarbechten am Interessi vun der Allgemengheet, op déi d'Richter ëmmer méi zréckgräifen: 122 TIGen 2017, 166 2018 an 2020 waren et der 177, e Plus vu 50 Fäll bannent dräi Joer. D'Richter gräifen also elo scho méi op d'Travaux d'intérêt général zréck.

Dat ass am Fall, wou si dovunner ausginn, datt de Concernéierten net méi wéi sechs Méint Prisong verdéngt hätt. Déi Limit vu sechs Méint kéint een a mengen Aen nach eropsetzen, op e Joer an nach méi, an iwwerhaapt méi dacks op Aarbechten am Interêt général zréckgräifen. Esou géif een de Richter méi Spillraum ginn, a mir hätten eng Alternativ, am Plaz besonnesch jonk Leit direkt an de Prisong ze schécken. E Prisong, wou d'Gefor fir e Réckfall besonnesch grouss sinn.

Mir sollten och méi systematesch op den elektronesche Bracelet zréckgräifen, deen an de leschte Jore manner applizéiert ginn ass. Den elektronesche Bracelet war am Ufank vun der Pandemie och als Léisung ugeduecht ginn, fir d'Prisongen e Stéck weider ze entlaaschten. Déi Dispositioun ass awer no éischten negativen Erfahrungen an dem spéideren Text net méi bäibehale ginn.

D'Fro muss hei gestallt ginn, wou genee d'Problemer leien a wéi een och dës Méiglechkeet an Zukunft besser kann encadréieren an awéiwäit de Verurteelte vum Bracelet profitéieren da kann.

Ech erlabe mer hei d'Associatioun „Eran, eraus ... an elo?“ ze zitieren, déi festhält, datt „eng Prisongstrof vun e puer Méint bis e puer Joer fir bal all Prisonéier

déi selwecht Konsequenzen huet: de Verloscht vun der Aarbechtsplaz, der Wunneng, der Famill an de Frënn“.

Ech huelen elo d'Beispill vun enger Persoun X, déi eng Infraktioun begaangen huet an zwee, dräi Joer duerno de Prozess gemaach kritt. An där Zäit bis dohinner huet déi Persoun awer vläicht eng Aarbecht fonnt, eng Famill gegrënnt, sech e Liewen opgebaut. Dat alles riskéiert dann an de Koup ze fale wéinst Fäiten, déi dee Mënsch kéint a jonke Jore verbrach hunn. Fir esou Fäll brauche mer alternativ Mesuren, aner Weeër, fir eng Strof ofzesetze wéi de Prisong, fir datt där Persoun hiert neit Liewen, hir Zukunft net erëm zerstéiert gëtt.

An deem Sënn kéinte mer och op méi Semi-liberté zréckgräifen. Och hei sinn d'Tauxen iwwert déi lescht Jorenerofgaangen, an och hei wier et wichteg, de Benefiss vun deem Encadrement ze erkennen an en dofir och weider auszubauen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och déi restaurativ Justiz ass en Usaz, dee méi Opmierksamkeet verdéngt. Ech verweisen op e Konzept vum finnesche Psychiater Ben Furman. D'Konzept vun der „Stufen der Verantwortung“ ass op d'Aarbecht mat Kanner a Jugendlechen axéiert. Si kéint awer och bei Erwuessener applizéiert ginn. Et fänkt hei domadder un, datt eng Persoun e Feeler zougëtt, de Feeler versteet, sech dofir entschëllegt an eng Wiedergutmachung leescht, verspricht de Feeler net ze widerhuelen an och Verantwortung fir dese Feeler iwwerhëlt.

An eise Stroferecht ginn awer dacks vill vun desen Etappen iwwersprong. An hei ass déi restaurativ Justiz eeben een interessante Piller fir d'Zäit no enger Verurteilung. Et geet eeben net just drëm, Leit anze-spären an ze hoffen, datt si doraus déi richteg Léier zéien. Nee, och déi aner Etappen, déi ech genannt hunn, müssen applizéiert ginn.

Huele mer de Fall vun engem Verbrieche géint eng Persoun. Dem Affer geet et an deem Fall oft net ëm eng Strof fir den Täter, mee et wëllt d'Ursach fir dee Crime erkennen, eng Erklärung héieren a vläicht souguer d'Annonce, datt den Täter seng Dot begräift a sech bessere wëllt an och d'Dot vläicht bereit.

**Une voix** | Très bien!

**M. Pim Knaff** (DP) | En anert Beispill, fir ze weisen, wéi wichteg d'Gerechtegkeet fir d'Affer ass: 1998 kouw et zu Eschede an Däitschland zu engem ganz schlimmen Zuchongléck. Alleguerten d'Famillje vun den Affer kruten eng ronn 15.000 Euro Schuedenersaz. An trotzdeem hunn d'Famillje geklot. Et huet dunn awer bis d'Joer 2013 gedauert, bis déi Responsabel an de séilesche Schued unerkannt hunn a sech dofir entschëllegt hunn. 15 Joer hunn d'Affer also misen op e Gest, op déi Satisfaktioun waarden! Dat just als Beispill, datt déi restaurativ Justiz och muss am Interessi vun den Affer geféiert ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Pim Knaff** (DP) | Natierlech gëtt et nach vill aner Alternativen, wat d'Peinen a wat d'Mesuren ugeet. An Norwegen gëtt et e Prisong, wou d'Prisonéier bannent de Mauere praktesch weiderliewe wéi virdrun. E Prisong a Finnland ass speziell drop ausgeriicht, d'Insassen am informatiesche Beräich ze forméieren, fir hinnen eng gutt Basis ze ginn, wa se duerno zréck an eng digital weiderentwéckelt Welt entlooss ginn.

A Frankräich an an den USA gëtt et Bauerenhäff, wou d'Prisonéier sech ëm vernoléisseggt oder mëssshandelt Déiere bekëmmern. Nieft hirer Aarbecht léiere si esou och Responsabilitéit an Empathie.

**Une voix** | Très bien!

**M. Pim Knaff** (DP) | Et gëtt vill Alternativen zum klassesche Prisong. Mir mussen fir nei Iddien oppe bleiwen, d'Strofen upassen an eebe bei Bedarf nei Kadere schafen an developpéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, um Enn wëll ech nach kuerz op en anere wichtege Punkt agoen: d'Konditiounen vun de Leit no hirer Zäit am Prisong. Et ass schonn e puermol gesot ginn: Als Exprisonéier huet een et net einfach. Am Prisong gouf et e Kader, et gouf Reegelen, den Dagesoflaf war esou wäit virgeschriwwen. Als Prisonéier hat een eventuell och eng kleng Aarbecht, mee en gros hat ee bannent de Mauere keng gréisser Responsabilitéiten.

Dobaussen ass et awer eng ganz aner Welt. Warscheinlech manner Kontakt mat der Famill, manner Frënn, keen Job, keng Wunneng méi, vläicht dann och nach Scholden, mee keng Suen. Genau an deem Moment brauchen déi Leit Strukturen, déi hinnen en Halt ginn, an zwar, Dir wësst et schonn, fir den Däiwelskrees ze brieche.

Dofir si mir och frou iwwert de Pilotprojet vun der Madamm Justizminister an der Familljeministesch, wou genau des Leit solle gehollef kréien, also e Kader, an deem Exprisonéier Ënnerstëtzung kréien, fir e Logement ze fannen, wou si en Encadrement gebuede kréien, fir eng Recidive ze verhënneren a fir an dat normaalt Liewen zréckzufannen.

D'DP ënnerstëtzt alleguerten d'Efforten, fir deene Leit bei hirer Reinsertioun ze hëllefen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Knaff. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, meng Virriedner hu munches gesot a weéneeg, mat deem ech am Fong net averstane wier. Dofir brauch ech op eng Partie Saachen also net anzegoen. Als Statistiker wäert ech der dann och haut net vill zielen, well déi meescht si scho gesot ginn.

Ech versichen, aus der Perspektiv vun der grénger Fraktioun dës Thema ze behandelen, wat mer perséinlech en Uleies ass aus menger Studentenzäit, wou ech mech mam Thema Strofvollzuch beschäftegt hunn, wéi an den Achtzeigerjore d'Fransousen hire Code pénal reforméiert hunn an ënner anerem de JAP, de Juge d'application des peines, ageféiert hunn. De JAP vu Fleury-Mérogis an der Paräisser Géigend – ee vun deene gréisste Prisongen an Europa, wann ech richteg informéiert sinn, dee gréissten – war deemools mäi Chargé de travaux dirigés. Deen huet dunn aus der rezenten Erfahrung vun der neier Institutioun kenne mat eis schwätzen.

Zënter dass ech President vun der Justizkommission sinn, hu mer eis etlech Mol mam Strofvollzuch beschäftegt, mat der Ekip vum Serge Legil, Direkter vun der Administration pénitentiaire, déi mam Prisongsgesetz 2018 geschaaft ginn ass, a mat der Ekip vum Claudia Monti an hirer Fonctioun als Inspectrice des lieux privatifs de liberté. Net ze vergiesse, dass mer op Visitt waren an der Unisec um Uerschterhaff an zu Giwenech; déi zu Schraasseg, déi steet nach um Programm.

D'Renate Winter hu mer och an eiser Kommissioun empfaangen, ier mer zur Konkusioun komm sinn, dass mer d'Jugendschutzgesetzgebung nei missten op de Leescht huelen.



Dir gesitt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass d'Theema déi lescht Jore reegelméisseg um Ordre du jour vun der Justizkommissioun war. An deem Sënn soen ech dem Dan Biancalana Merci, d'Theema zum alternative Strofvollzuch opgegraff ze hunn, fir haut driwwer ze debattéieren.

Fir et onmëssverständlech ze soen: De Prisong ass am Fong net d'Léisung, mee e Strofvollzuch ouni Prisong ass och schwiereg denkbar – naiv solle mer net sinn.

Am „forum“ vum November 2020 weist de Michel Pauly op dësen Dilemma hi mam Titel „Gefängnisse sind schädlich, aber nötig“, als Aféierungartikel zum Dossier iwwert de Prisong. Weider schreift hien, ech zitéieren: „Gefängnisse sollen nach allgemeiner Auffassung unsere Sicherheit vergrößern und für Gerechtigkeit sorgen. Doch dazu taugen sie unter dem Strich nicht, sie schaden sogar.“ Das sagt nicht irgendjemand, sondern Thomas Galli. Er hatte 15 Jahre in verschiedenen Gefängnissen gearbeitet [...]. „Bei sehr vielen Inhaftierten richten [die Gefängnisse] Schaden an. Nach der Haft haben sie große Schwierigkeiten, in der Freiheit wieder auf die Beine zu kommen, einen Arbeitsplatz zu finden, in der Gesellschaft integriert zu werden.“ In Luxemburg müsste man hinzufügen“, seet de Michel Pauly, „eine Wohnung zu finden. Die Inhaftierung schadet auch den Angehörigen [...], obgleich sie völlig schuldlos daran sind. [...] Das Gefängnis richtet auch gesamtgesellschaftlich unterm Strich Schaden an. Es erhöht bei der Mehrheit der Inhaftierten die Wahrscheinlichkeit, dass sie wieder kriminell werden.“

De Pim Knaff huet elo grad drop higewisen, wéi et ass, wann een op enger Dier steet aus dem Prisong eraus, mat wéi enge Suergen een dann ze kämpfen huet. An der Konsequenz vun dëser Feststellung, déi ech deelen, also wat de Michel Pauly geschriwwen huet, ass et also enorm wichteg, esouwuel iwwer Alternativen zum Prisong nozedanken wéi och doriwwer, wéi den Openthalt vun den Inhaftéierte beschtméiglech ka genotzt ginn, fir se op déi Zäit duerno, nom Prisong also, virzebereeden.

Kuerz fir unzefänken e Rappel vun der Situatioun zu Lëtzebuerg: De Rapport d'activité hunn ech hei stoen ..., deen ass genuch zitéiert ginn. Ech ginn net weider drop an.

Zënter e puer Joer geet den Taux de détention awer lues a lues erof. Och wat de Conseil de l'Europe seet, weist dass en Trend zënter 2013 agesat huet, dass et lues a lues zënterhier kontinuéierlech erofgeet mat der Prisongspopulatioun.

Wat bis elo net gesot ginn ass, ass, dass dësen Taux ganz staark variéiert vun engem europäesche Land zum aneren. D'Isänner hunn zum Beispill 45 Prisonéier op 100.000 Awunner an d'Tierken 357.

Während der Pandemie waren d'juristesch Aktivitéiten ageschränkt – d'Kollege si virdrun drop agaangen –, et muss een och soen, wéi och déi kriminell Aktivitéiten am Lockdown méi geréng waren. An och eng Rei Audienze konnten net gehale ginn, wat den Abbruch vun den Zuelen europawäit deelweis erkläert. An Europa ass den Taux d'occupation tëschent 2020 an 2021 vun 91 op 85 Inhaftéierter vun 100 erofgaangen (veuillez lire: An Europa ass den Taux de détention tëschent 2020 an 2021 vun 91 op 85 Inhaftéierter op 100.000 Awunner gefall). An eisen Taux d'occupation louch 2020 – elo hunn ech awer eng Zuel – bei 77 %.

**Une voix** | Dat kann nëmme gutt sinn.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Fact based. Nach ee Grond war a ville Länner manner Incarceratioun fir kuerz Strofen a virun allem fréizäiteg Entloossungen, fir gewollt d'Prisongspopulatioun erofzedrécken an den Zenario vu Clustere wierklech ze minimiséieren.

Insgesamt ass, wéi gesot, an Europa en Trend no ënnen erkennbar, souwuel bei der Beleeung vun de Prisongen wéi am Ratio Prisonéier pro 100.000 Awunner. Fir dohinne ze kommen, huet et awer laang gedauert. Nodeems joerzéngtelaang d'Prisonéierzuelen ëmmer méi an d'Luucht gaange sinn, hunn europäesch Institutiounen schonn an den 90er-Joeren dozou appelléiert, de Gebrauch vun Alternativen zu de Prisongsstrofen anzeféieren an ze promovéieren. Den Dan Biancalana huet drop higewisen, dass alles seng Zäit brauch – an eis Politiker, eis Gesetzgebeer, ze laang.

Sou seet zum Beispill och de Conseil de l'Europe a senger Recommandatiounen an och d'Europaparlament an enger Resolutioun vun 1998, dass mer solle kucken, eng maximal Unzuel vun Inhaftéierte festzelleen an déi alternativ Moossnamen ze applizéieren.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Iwwerfällte Prisonge sinn eng Gefor fir déi Inhaftéiert an d'Personal selwer a se erschwéieren d'Resozialisatioun. Fir Länner ze fannen, déi den Trend erfollegräich gedréint hunn, brauche mer net wäit ze kucken.

Ech huelen elo d'Beispill vun Holland: An Holland kouw et an de fréien 2000er-Joeren zu engem radikalen Ëmdenken opgrond vun enger Etüd, déi an den 90er gemaach ginn ass „What works“ vum brittesche Psycholog James McGuire, déi e groussen Afloss op déi hollännesch Politik an Institutioun hat. D'Konklusioun war graff gesot: d'Bestrofung duerch Prisong funktionéiert net. A Prisongsstrofen erhéije souguer d'Warscheinlechkeet vun der Recidive, dass déi betraffe Persounen duerno awer erëm strofffälleg ginn. Dorops hunn d'Hollänner hire System radikal ëmgekrämpelt. Hat d'Land 2005 125 Prisonéier op 100.000 mat deenen héchste Quote vun der EU, zéng Joer duerno ware se nach op der Hallschent.

Mëttlerweil huet scho bal e Véierel vun de Prisongen seng Dieren zougemaach. An d'Hollänner si pragmatesch Leit. Déi Prisonge ginn als Hotel oder Musée genotzt, als Escape Room. Eng e wéineg méi bedenklech Evolutioun ass déi, dass se hir Prisongen och anere Leit zur Verfügung stellen, anere Länner zur Verfügung stellen, déi keng Plaz méi hunn, well se warscheinlech och eng aner Politik bedreiwen.

D'Erfollegrezept vun den Hollänner ass am Fong ganz einfach, nämlech dass massiv op Alternativen zur Fräiheitsstrof gesat gëtt. Éischters op schnell Prozeduren an eng generéis Ausleeung vum Prinzip vun der Opportunité des poursuites. D'Richter hunn an Holland hei och e grouse Spillraum, wat de Gebrauch vun Alternativen zum Prisong ugeet. Amplaz gëtt Sozialdängscht oder Sursis geschwat, dacks gekoppelt un d'elektronesch Foussfessel – d'Kollege sinn dorop agaangen – oder op Geldstrofe fir d'Affer, Therapien an aner Mesuren.

Den haarde Kär vun de Schëllegen, déi länger oder wéinst Recidivé méi dacks hanner Gitter mussen, profitéiert vun enger besser personaliséierter Betreierung, déi d'Zil huet, eebe Recidiven ze vermeiden an d'Leit erëm als selbstänneg Persounen an d'Fräiheet ze entloossen.

Virun allem gëtt et an Holland awer och e Programm, deen heescht „Halt“, kuerz fir „Het Alternatief“, deem säin Zil et ass, Jugendlecher aus dem Prisong iwwerhaapt erauszehalen. Och hei geet et drëms, dass de Prisong just dat allerlescht Mëttel dierf sinn. Jugendlecher tëscht 12 an 18 Joer kënnen esou bei lichte Delikter duerch alternativ Moossname bestrooft respektiv korrigéiert ginn. Interessant feststellen: ouni dass onbedéngt e Jugendrichter iwwerhaapt muss aktiv ginn. Doduerch behalen déi Jonk och hiren

eidele Casier a kënnen als onbeschriwwend Blat an d'Erwuesseneneliewen antrieden.

Prisong vermeiden, sief et bei Jugendlechen oder Erwuessenen, ass och an der Iwwerzeegung vun déi gréng déi bescht Alternativ. De Prisong ass zwar als Institutioun zur Bestrofung eng international – ënner Gänseféisercher – „Erfollegsgeschicht“, mee wéi ech ganz am Ufank scho gesot hunn: Wann een d'Analys mécht, ob de Prisong der Gesellschaft eppes bréngt, dann ass d'Äntwert gréisstendeels negativ. Et wier deemno méi sënnavoll Bestrofungsmechanismen ze applizéieren, duerch déi d'Leit net aus hirem Job, net aus hirem Famill erausgerappt ginn an an e Milieu verplazt ginn, wou se esou richteg mat der krimineller Energie vun der Gesellschaft a Kontakt kommen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Wéi gesot, loosst mer net naiv sinn. De Prisong wäert net vun haut op muer aus eiser Gesellschaft verschwannen, wann iwwerhaapt.

Mir hunn an de leschten zéng Joer hei an der Chamber schonn eng Rëtsch Projekte gestëmmt a wäerten der och nach stëmmen, mat deene mir zesumme mat eiser grénger Justizministesch probéieren, follgend Ziler ze erreechen: de Prisong als leschte Moya; Alternativen zu der Fräiheitsstrof schafen a promovéieren; a wa Prisong muss sinn, da soll déi Zäit sënnavoll genotzt ginn, fir mat de Leit ze schaffe mam Zil vun enger beschtméiglecher Resozialisatioun an der Vermeidung vun der Recidive; virun allem awer verhënnern, dass Jonker iwwerhaapt emol op déi schif Bunn geroden. Dorobber ginn ech geschwënn nach an.

Am Koalitionsaccord vun 2018 hu mer ënner anerem Follgendes virgesinn:

D'Maisons de transition ... De Pim Knaff ass drop agaangen, wéi dee Projet elo ausgesäit, nodeem e frësch iwwerduecht ginn ass. Et geet ëm Resozialiséierung vu Gefaangenen, fir wa se bis erauskommen, respektiv se virzebereeden op d'Erauskomme während hirem Sejour am Prisong.

D'alternativ Strofen zur Inhaftéierung, d'Konzept vum elektronische Bracelet ass vu menge Virriedner ugeschwat a virun allem bemängelt ginn an et ass sech gefrot ginn, wiesou en net méi benotzt gëtt.

D'klassesch Moossnamen verstärkt uwennen: Utilisation renforcée des mesures classiques en matière de probation, Bewährungsfrist, Travaux d'intérêt général, d'Libération conditionnelle, pädagogesch Sanktiounen bei Infraktiounen vum Code de la route.

E puer Wuert zur Prisongsreform vun 2018: Dat initialt Zil zur Prisongsreform war et, de Prisongsregimm ze schafen, deen un d'Erausfuereunge vum 21. Joerhonnert adaptéiert ass a virun allem och d'Mënscherechtskonventioun respektéiert; eng besser Resozialiséierung vun de Betraffenen an der Gesellschaft nom Ofsëtze vun hirem Strof a se op e Liewen ouni kriminell Behuele virzebereeden.

Mir hunn eng Schafung gehat vun enger eegener Verwaltung – ech sot et schonn –, der Administration pénitentiaire, endlech lassgekoppelt vun der Prisongsdirektioun, net wéi et virdru war. Dës Administratioun ass elo responsabel fir d'Ëmsetzung vun der Haft. Virdru war dat den Delegué, war dat beim Procureur général d'État ugelagert.

D'Kreatioun vun engem Plan volontaire de l'insertion, dem PVI, engem Resozialiséierungsplang.

Eng zousätzlech Struktur – et ass drop higewise ginn –, en neie Prisong fir Untersuchungshäftlingen um Uerschterhaff, fir se vun deenen, déi zu festem Prisong verurteilt gi sinn, ze trennen.

D’Kreatioun vun enger Unité de psychiatrie socio-judiciaire.

D’Afféierung vun der CHAP, der Chambre de l’application des peines bei der Cour d’appel, wou et awer dozou och kritesch Stëmme gëtt. Ech verweisen op deen Dossier vum Forum vun 2020.

De Projet de loi 7869, dee mer aktuell an der Justizkommissioun diskutéieren, kënn dann och op d’Reform vun 2018 zrëck, fir se ze amendéieren. Mir hunn den 20. Oktober fir d’éischt an der Justizkommissioun dovun geschwat. An deenen dräi Joer ass gesi ginn, wat gutt a wat manner gutt funktionéiert. An esou kritt enner anerem d’Administration pénitentiaire d’Kompetenz, den Traitement pénologique ze organiséieren. Ech hunn et gesot: De Serge Legil a seng Ekip hunn eis des Längeren erkläert a sech mat eis dorwäert ausgetosch, wéi e Projet d’insertion ka bei all Detenu funktionéieren. An dass et virun allem – wat ech zrëckbehalen hunn – ni en Nee wäert ginn, och wann déi Persoun während enger ganz laanger Zäit näischt dovunner wollt wëssen. Wa se d’Hand hieft, fir dorobber ze sprangen, op deen Zuch, da si Leit do, déi dat maachen.

Ech kommen haut an dës Debatt awer och net derlaanscht, eis Projeten am Kader vum Jugendschutz kuerz ze ernimmen, déi elo um Instanzewe sinn. Wéi Der wësst, goufe se an Zesummenaarbecht mat der Renate Winter ausgeschafft. Dräi Gesetzestexter zum Jugendschutz, Jugendstroferecht a Schutz vu Mannerjärege sinn ennerwee. Ganz kloer ass d’Grondiddi dës: De Prisong ass „last resort“ an de Prinzip vum der Diversioun gëtt gesetzlech verankert. Eng Strof kann deemno ëmgewandelt ginn an eng Mesure, fir säi Feeler erëm guttzmachen. Dat kann zum Beispill duerch d’Aarbecht am Interesse vun der Allgemengheet geschéien.

Generell sollt eng Justizprozedur ëmmer d’Ausnam sinn, an et wëllt een op fräiwëlleg Mesurë setzen. Esou gëtt dann och verhënnert, dass d’Jugendsënner derzou féieren – ech sot et schon –, dass déi Jonk kee Casier vierge méi hunn. De Risiko vun der Recidive gëtt och miniméiert, wa Mannerjärege duerch aner Moosname begleet ginn. An do gesi mer Parallelen zum hollännesche Programm „Halt“ vir.

All Euro, dee mer a Preventiounsarbechte mat Jugendleche stiechen, ass gutt investéiert. De finanziellen a virun allem de soziale Käschtepunkt, wann aus engem Jugendlechen e Prisonéier gëtt, ass ëm e Villfaches méi héich. Dofir gesäit deen neie Pak u Gesetzter zum Jugendschutz och verstärkt Preventiounsarbecht vir. Den ONE zum Beispill wäert an Zukunft méi fréi kënnen agreifen a méi mat den Elteren a Familien zesummeschaffen.

Op d’Alternativen, déi haut schon zur Verfügung stinn, sinn den Dan Biancalana an déi aner Kollegen am Detail agaangen. Mir hunn d’Médiation civile, commerciale, awer och en matière pénale. Et gëtt mer gesot, dass do nach vill Spott no uewen ass, well d’Acteuren net genuch drop zrëckgräifen. Mee grondsätzlich ass menger Meenung no e Mentalitéitswandel erfuerdert, och hei am Land. Generell stellt een ëmmer erëm fest, dass et laang – ech hunn et erausheieren hei –, ze laang dauert, bis sech um Terrain eng nei Praxis duerchsetzt, déi vum Gesetzgeber, also vun der Politik gewollt ass. Als Sozialwëssenschaftler stellt een ëmmer erëm fest, dass en Ecart, e groussen Ecart besteet zwëschen dem gesellschaftleche Wandel an dem konservativen Handele vun der Justiz, an dat vun allen Acteuren am Justizwies. An zu Lëtzebuerg ass dat net anescht.

Wa mer iwwer Alternativen zum Prisong schwätzen, dann denken ech awer och un d’Méiglechkeet vun

der Justice restaurative. Fir eis Gréng ass dës Pist weesentlech, fir den Däiwelskrees vun engem repressiven Strofvollzuch ze duerchbriechen a fir déi mer 2017 eng Base légale am Code de procédure pénale, den Artikel 8-1, ageféiert hunn.

Et ass vum Pim Knaff gesot ginn, dass mer e Projet pilote hunn, wou zënter zejoert déi néideg Leit am Kader vun enger Konventioun vum Justizministère mam Centre de médiation ASBL forméiert gi sinn, fir esou e Service de justice restaurative opzebauen. D’Ausbildung ass geschitt am Zesummenhang mat der belscher ASBL Médiate, déi Erfahrung huet, an et do duerch méiglech mécht, dass mer direkt en Austausch hu mat engem Land, dat schon Erfahrung huet.

Här President, ech gesinn, ech hunn nach eng halfe Minutt, mee meng Virriedner hunn hir Zäit net all genotzt. Ech kommen awer gläich zum Schluss.

*(Hilarité)*

D’Finalitéit vun der Justice restaurative ass komplexer zum Stroferecht déi heiten: d’Reintegratioun vum Affer, nodeems all seng Prejudicen, all Schued, déi de Mënsch erlidden huet, behuewe goufen; d’Resozialisatioun vum Täter; d’Hierstellung vum soziale Friden an der Gesellschaft an och der Gemeinschaft. D’Affer kritt endlech Äntwerten op seng Froen: Firwat ass dat mir geschitt? Wisou ass dat mir geschitt? Wat huet den Täter sech dobäi geduecht respektiv net? Firwat ech? Wien ass déi Persoun, den Täter? Wat huet hien dobäi gespuert, wéi en déi Dot gemaach huet? A wéi spiert e sech elo?

Et geet drëms, dass d’Affer sowuel um materielle wéi awer och um perséinlechen, symbolesche Plang Recht kritt a säi Schued reparéiert kritt.

Et geet drëm, den Täter op där anerer Säit ze sensibiliséieren, well en Täter just ze strofen, haart ze strofen ... Esou laang en net agesäit, dass en eng komme gelooss huet, bleift en an der Positioun, dass e sech ongerecht behandelt fillt. Den Täter muss sech am Kader vun der Justice restaurative mam Affer auseruesetzen an et an d’Ae kucken. D’Reflektéieren iwwer säin Handele kann derzou féieren, dass hie sech enges Bessere besënnert an awer och an eng Positioun kënnt, wou säi Selbstvertraue gestärkt gëtt.

Dir gesitt, an de leschte Joren ass scho vill geschitt, fir d’Reformen um Niveau vum Prisong a vun den Alternativen zu de Prisongsstrofe weiderzebréngen. Et ass och richtig, dass mer nach vill Aarbecht virun eis hunn, dovunner schon eng ganz Rei Projeten, déi entweder um Terrain schon entwéckelt sinn oder awer hei an der Chamber an der Justizkommissioun geschafft ginn.

Ech kommen zum Schluss. déi gréng wäerten zesumme mat hirer Justizministesch déi verbleiwend Zäit vun der Legislatur notzen, fir eisen Ziler méi no ze kommen: Manner Prisongsstrofen an deene Fäll, wou d’Alternative sech ubidden. D’Alternativen zur Fräiheitsstrof weider promovéieren. A wa Prisongsstrofe geschwat ginn, da soll d’Zäit hannert de Mauere besser genotzt ginn, fir mat de Leit ze schaffen. A weiderhin an d’Preventioun investéieren, esou wéi et an den neie Jugendschutzgesetzter geplangt ass. Well all Jonken, an dee mer investéieren, fir en aus dem Prisong erauszehalen, ass e Gewinn fir d’Zukunft vun eiser Gesellschaft.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Ech soen Iech Merci fir d’Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Dir gesitt, ech war ganz fein mat Iech an ech

hunn Iech schon e bëssen Zäit vun enger eventueller Motioun bäiginn. Déi ass awer allerdéngs nach net do.

*(Hilarité)*

An ech géif Iech och bieden, ganz gentiment, fir Är Besëtzenspréch un eis Justizministesch e bëssen ze temperéieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Et ass d’Justizministesch vum ganze Land an net nëmme vun deene Gréngen.

**Une voix** | Awer och.

**Une autre voix** | Mee den Här Margue ass awer fir ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, ok, en Deel kritt Der dann. Sou, dat gesot ... Ech profitéieren heiansdo vun der Fräiheet vum éischte Vizepresident, déi de President leider net huet. An ech ginn dann direkt d’Wuert un den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d’Wuert.

**M. Roy Reding** (ADR) | Merci, Här Vizepresident.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | A nee, an dësem Fall ...

*(Hilarité)*

... muss ech Iech, an dësem Fall muss ech Iech ënnerbriechen. Et ass am Moment Äre President faisant fonction.

**M. Roy Reding** (ADR) | Alors, merci, mäi President faisant fonction.

*(Hilarité)*

Ech sinn dem Dan Biancalana immens dankbar fir dës Debatt.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Roy Reding** (ADR) | Nee, éierlech. Dat heiten ass jo en Theema, mat deem ee sech normalerweis net beschäftegt. Och d’Leit dobausse beschäftege sech jo net mat Strofvollzuch. Dat sinn iergendwellech Leit, déi hunn eppes Béises gemaach, déi setzen am Prisong an dat wäert da scho gutt esou sinn a fir de Rescht gëtt sech wéineg Froe gestallt.

A wann een dann zum Thema recherchéiert an e bësselche liest, wat och d’Kollege gemaach hunn, da gesäit een, datt déi Saach ganz schéi villschichteg ass. A fir mech schielt sech eraus: Als alleréischte Punkt gouf e Verbrieche begangen, wou et een Affer gëtt a Schued, oder et ass e Verbrieche, wou iergendeng staatlech Norm violéiert gouf. A wéini brauche mer Prisong? Ech sinn zur Konklusioun komm: bal ni, bal ni!

Wann et en Affer gëtt a Schued – an do huet de Pim Knaff ganz Recht an och de Charles Margue –, dann ass et déi restaurativ an déi transformativ Justiz, déi muss gräifen. Béid Konzepter hunn d’Jil, d’sozial Gläichheet, de soziale Friden hierstellen, Iwwernam vu Verantwortung erbäizeféiere beim Täter. A wat sinn d’Krittäre vum Erfolleg vun esou eppes?

Fir d’alleréischte emol mussen d’Bedürfnisser net nëmme vum Täter, mee virun allem och vum Affer berücksichtegt ginn. Mir brauchen also do Mediateuren, déi wirklech neutral sinn an net den Täter wëlle beschützen, déi dem Affer seng Säit ganz eescht huelen.

Mir brauche Reduzéierung un Leed. Wann déi Prozedur Leed reduzéiert, dann ass se derwäert, gemaach ze ginn. Mir brauchen Zukunftsorientéierung an um Enn vum Prozess brauche mer eng gewëssen Zefriddenheet op béide Säite vun alle Bedeelegten.



An hirer Aarbecht iwwert de Sënn vu Strof kënnt d'Professor Gaby Temme zu enger Konklusioun, datt d'Stof „in der Form des Strafrechtssystems und insbesondere des Strafvollzuges sollte nicht bereits deshalb als selbstverständlich wahrgenommen werden, weil es diese Institution in der Lebenszeit der Diskutierenden immer schon gegeben hat“. An ech mengen, dat ass e bëssen eise Problem, de Problem vun eis alleguerten heibannen. De Prisong ass eppes, dat kenne mer, dat ass eng Selbstverständlechkeet, dat gëtt et. Mee et muss een einfach emol déi Institution fundamental a Fro stellen: Wat ass Sënn an On-sënn dovun?

Et goufe schonn, besonnesch och vum Charles Margue, nordesch Beispiller ernimmt. An ech hunn do fonnt: Schweden. Schweden, do ass d'Inhaftierung dat wierklech allerleschte Mëttel. D'Haftstrofe si kuerz an d'Rückfallquote si ganz genee hallef esou héich wéi am ganze Recht vun Europa. D'Rückfallquot ass déi niddregst an Europa. Och a Schwede ginn d'Prisongen ofgerappt oder ëmgewidmet an et gëtt zwielef offe Prisonge fir den offene Vollzuch.

An da gouf en Här genannt, dee mech och schwéier impressionéiert huet, den Thomas Galli. Ech mengen, et war de Kollege Margue, deen den Thomas Galli zitéiert huet. Deen huet e wegweisend Buch geschriwwen, e wierklech wegweisend Buch iwwer „Wieso Gefängnisse niemanden nützen, in fünf Punkten“, „Gefängnisstrafen schrecken mögliche Täter/innen kaum ab.“ Als Beispill nennt en dann d'Vereenegt Staaten. Do gëtt et jo a ganz ville Bundesstaaten nach ëmmer eng Doudesstrof an awer geschéien do Morden.

„In der Haft werden Täter/innen nicht zu besseren Menschen“, och dat huet de Kollege Pim Knaff scho ganz gutt duergestallt. D'Famill fält ewech, deng Aarbechtsplaz fält ewech, däi sozialt Netz fält ewech an du bass an engem Drogensumpf.

Mir hunn als ADR wéi Dir warscheinlech alleguerten d'Associatioun „Eran, eraus ... an elo?“ getraff. An och all déi Kollegen heibannen, déi als Affekot geschafft hunn, als stroferechtlichen Affekot, wëssen: Wat s de am Liewen nach net geléiert hues, als Kriminellen, dat léiers de am Prisong. An d'Gefor, zum Beispill drogesüchtg ze ginn am Prisong, ass immens héich.

Maachen d'Gefängnisser, d'Prisongen eis méi sécher? Och do seet den Här Galli ganz kloer Nee. Wat wichtig ass, ass: Den Täter iwwerhëlt eng Verantwortung, e spiert eng Rei. Mee wann en op fräie Fouss gesat gëtt an en huet sech net gebessert, da mécht de Prisong eis net méi sécher. Mir si vläicht fënnf Joer geschützt gi virun em an am sechste Joer ass en awer nees op fräiem Fouss.

An da fir mech ee vun deenen allerwichtigste Punkten: D'Affer hu méi dovun, wann den Täter op fräiem Fouss bleift. Wou hu mer haut e Problem? D'Täter dierfe bei eis am Prisong schaffen. Ech weess elo net auswennig fir wéi vill, mee et sinn dräi Frang a fënnf Su, déi se elo do op d'Stonn verdéngen. Do si mir als ADR der Meinung, ma déi Leit sollten de Mindestloun kréien. Éischters emol gëtt et da keng Concurrence déloyale zu private Betriber an zweetens kënnen déi Suen op d'Säit geluecht ginn, fir d'Affer ze entschiedegen. Dorëmmer geet et dach, déi restaurativ Justiz.

Also ausser elo bei Mord oder Vergewaltung gëtt e Schued duerch Geld guttgemach. Sief et eng Bles-sur, sief et Diebstahl, sief et Betrug, do ass dat Wichtigst, datt déi Leit hir Affer entschiedege kënnen.

Da kënnt den Här Galli och op Punkten ze schwätzen, wéi een dat kann ersetzen. E seet dann „Arbeit statt Gefängnis“, Ausbildung, betreit Wunnen, Therapie.

Et kéint ee bal soen: Alles ass besser ewéi Prisong, d'Ausbildungsstätt vu Kriminellen. Allgemeng sollte mer mat Associatiounen wéi „Eran, eraus ... an elo?“ méi intensiv schwätzen an op hir Saach ganz, ganz intensiv agoen.

Dann ass geschwat gi vun alternative Methoden. Wat ass Prisong eigentlech? Et ass eigentlech eng Limitatioun vun der Fräiheet, vun der perséinlecher Fräiheet, eng Limitatioun, wéi mer se och erlieft hunn a Coronazäiten: Ech dierf nuets net méi eraus. Ech dierf net méi an e Bistro. Ech dierf net méi an e Restaurant. Ech dierf nach just doheem sinn an op d'Aarbecht goen, an och dat ënner gewëssene Konditiounen.

An do kéint een d'Foussfessel vill méi aktiv asetzen, well domat emmerdéiert een d'Leit. Dat ass eng Strof. Dat ass net keng Strof, se auszeschlësse vun engem gewëssene soziale Liewen, ze soen: „Du muss doheem oder op der Aarbecht sinn oder um Trajet tëscht deenen zwee a soss guer néierens! Du kanns net mat Kollegen e Patt huele goen!“ Dat wier eng Fräiheitsbeschränkung, déi eng Strof wier, ouni engem Mënsch säi sozialt Netz ewechzehuelen.

Wat speziell d'Drogeproblematik ugeet, dat wësst Der, do hu mir als ADR scho ganz, ganz laang, scho säit den Zäite vum Roby Mehlen, eng ganz kloer Position.

Mir sinn der Meinung, datt Heroinofhänger sollen eng Abgabe kréie vum Stoff iwwert d'Apdikten, fir d'Beschafungskriminalitéit ze eliminéieren. Dat ass deen eenzege Wee. Mir kréien déi Saach soss net an de Grëff. Mir kënnen muer 200 Drogendealere festhuelen an an de Prisong stiechen oder ofschiben, da sinn der iwwermuer 300 oder 400 do. Et ännert strictelement näischt. An d'Konsumenten, déi dovun ofhängeg sinn, mussen sech déi Sue besuergen, beduckse Frënn, beklaue Famill, Beginn Déifstall. Dat ass guer net anescht ze reegelen.

Et muss ee soen, wann ee Mënsch wierklech déi Ofhängegkeet huet, da sollte mir vu Staats weegen ëm déi Droge ginn, natierlech an engem System vun Abgab op Certificat an Apdikten an esou weider.

Nach just ee ganz klengt Wuert zur Untersuchungshaft, well dat och hei ugesprach ginn ass. Ech denken, d'Untersuchungshaft ass an den aller-, allerwéinegste Fäll néideg. An deene Fäll, wou ech se gesinn hunn als Affekot, wa se verhaange gouf, war se net néideg. De Parquet hat all Elementer, déi e gebraucht huet. En hat all déi Dokumenter, déi e gebraucht huet. En hat all déi Aussoen, déi e gebraucht huet. Dee Fait, deen e wollt reprochéieren, war dokumentéiert. Firwat e Mënsch an d'Untersuchungshaft setzen, dee vläicht duerno um Fong nëmme Sursis kritt, also eng Prisongsstrof op Sursis? Dat mécht einfach kee Sënn. D'Untersuchungshaft mécht am Allgemengen net vill Sënn!

An eise System, datt s de muss eng Requête de liberté provisoire maachen iwwer en Affekot, ass och net sënnavoll. Do sollte mer op deen däitsche Wee goen a soen: d'office, von Amts wegen, kënnt et all souvill Deeg oder all souvill Wochen zu engem „Haftprüfungstermin“ nenne si dat, wou de Staatsanwalt dann duerzeleeën huet, firwat datt hie mengt, datt déi Untersuchungshaft nach néideg wier.

D'Exécution des peines am Allgemenge sollt an eisen Aen op kengem Fall dem Parquet ënnerleien. De Parquet ass d'Géigepartei. De Parquet ass deen, deen dech ugeklot huet. De Parquet ass deen, deen dech verurteelt gelooss huet. Wéi déi Strof exekutéiert gëtt, kann nëmmen eenzeg an eleng am Ermoosse vun engem Mënsch vun der Magistrature assise sinn, vun engem Juge d'application des peines.

Ech soen Iech villmools Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och dem Här Reding. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Fir d'éischt merci dem Dan Biancalana fir dës Initiativ, en immens, immens spannende Sujet.

Léif Kolleginnen, léif Kollegen, léif Ministesch, d'Chamber huet 2018 zwee Projete betreffend dem Prisong an der Exécution des peines gestëmmt. Mäi Kolleg, de Marc Baum, huet deemools a senger Ried ënnerstrach, dass den Entwécklungsgrad vun enger Gesellschaft sech ënner anerem dorunner moosse léisst, wéi se mat deenen ëmgeet, déi sech duerch hiert Verhalen ausserhalb vun der Gesellschaft setzen.

E Bléck op d'Geschicht weist glécklecherweis eng gewësse Verännerung an dem allgemenge Verständnis vun der Notioun „Bestrofen“. An der Opfaassung vun enger anerer Zäit war nach de primäre Gedanken, dat begaangent Onrecht misst gerächt ginn, dass een duerch d'Maximiséiere vu Qual a Schrecke virun der Strof Onrecht verhënnere kéint.

Den Här Vincent Theis, de fréieren Direkter vum Schraasseger Prisong, schreift an engem Artikel, dass d'Geschicht vun der Mënschheet genügend bewisen huet, dass d'Angscht virun der Bestrofung a viru Qual bei der Verbiechensbekämpfung onwierksam waren a sinn.

Am Laf vun der Zäit ass d'Opfaassung dann ëmmer méi a Richtung gaangen, dass d'Modalitéite vun enger Bestrofung den entscheidenden Zweck erfëlle mussen, déi esou effizient wéi méiglech Reinsertioun vum Verurteilten an d'Gesellschaft erëm ze erméiglechen. D'Bestrofung soll sech also um sozialen Notze fir d'Gesellschaft moosse loosson.

Déi philosophesch Froen, déi fir mech hannendru stinn, sinn: Musse mer alles bestrofen? Wat musse mer bestrofen? A fir de Fall, wou ee bestrofe muss: Wat verst mer ënner Bestrofung? A wéi bestrofe mer, fir wéi ee Resultat ze erreechen?

De Constat ass – oder mäi Constat ass zumindest –, dass mer an enger Gesellschaft liewen, wou relativ vill bestrooft gëtt an och relativ vill agespaart gëtt, eng Bestrofungsgesellschaft also, déi éischter repressiv agéiert wéi pedagogesch.

Här President, an eise modernen opgeklärten an humanisteschen inspiréierte Gesellschaften ass am Kontext vum Strofverfahren d'Berécksichtigung vum Leed a Schued, déi d'Affer erlidden huet, vun entscheidender Bedeitung. Zu Recht fléissen dës Observatiounen an dat vum Geriicht geschwatent Urteel an. A genee wéi d'Leed vum Affer mat en compte geholl gëtt, esou gëtt och de Schued vis-à-vis vun der Gesellschaft mat berécksichtegt. Bei der Vollstreckung vun der vum Geriicht als gerecht ugesinnener Bestrofung fléisst dann och dëst Element mat an, an zwar d'Reinsertioun vum Verurteilten an d'Gesellschaft no der Prisongsstrof. Hei geet et drëms, dës Reinsertioun esou effizient wéi méiglech ze gestalten.

D'Gesellschaft huet en Interessi drun, dass eng Persoun, déi eemol verurteelt gouf, keng weider Strofdot méi begeet an dann ëmmer erëm virum Richter erschénkt. Dat géif eis nëmmen zu iwwerfëllte Prisonge féieren. Déi berechtigt Fro, déi am Raum steet fir mech, ass also: Fir wéi eng Dot muss een an de Prisong kommen? De Constat ass, dass eise Prisong relativ voll ass, an dat mat Prisonéier, déi dacks Widderhuelungstäter sinn.

Nees eemol d'Fro: Ass de Prisong souwuel fir déi Prisonéier wéi fir d'Gesellschaft ëmmer dat Besch? De Rapport vum Justizministère vum 2020 schwätzt vum engem Taux vu Recidivë vum 30 %. Dat – an dat muss ee kloer soen –, deit op en Echec hi vum Prisong als Strof. D'Strof schéngt also ganz oft hiren Zweck net ze erfüllen!

Här President, eng wichteg Fro bei enger Infraktioun vu Gesetzter ass déi, firwat d'Persoun esou gehandelt huet, wéi se gehandelt huet, an net déi, wien dës Persoun ass. Deen een oder anere verwiesselt dës Fro ganz gären eemol. Während dem Debat vun de virdrun erwänte Projekte sot ee Vertrieeder zum Beispill hei an der Chamber, mir missten et fäerdegbréngen, fir Dréttstaatter an hiert Land, an hiert Heemechtsland zréckzeféieren. Do soe mir ganz kloer: Nee, dat ass net d'Léisung!

Mir müssen dach lues a lues endlech all erkennen, dass mir als Gesellschaft Problemer nëmmen effektiv léise kënnen, wa mir Situatiounen hannerfroen, Ursaache sichen an erkennen an nohaltig Léisungen uwenden.

Konkreet heescht dat, dass mir als Gesellschaft eng Obligatioun hunn, jidderengem eng Perspektiv ze bidden, déi der Dignité humaine gerecht gëtt, also jidderengem eng uerdentlech Perspektiv opweisen, Deel vun der Gesellschaft kënnen ze sinn.

De Prisong ass awer net onbedéngt déi Strof, déi am meeschte Perspektiven opzecheet. Dacks falen Exprisonéier an e Lach respektiv an hiert vu fréier bekannt Ëmfeld, wa se dann eraus sinn aus dem Prisong. Si kënnen der Prisong nëmmen a seltene Fäll notze fir ze spueren – finanziell ze spueren –, well dat kaum méiglech ass. Et gouf virdrun och scho gesot. D'Aarbecht, déi si während hirer Prisongszäit maachen, gëtt kaum bezuelt an och en unerkannten Diplom kréie si esou am Prisong net. Deemno erlaabt eise CPL et de Prisonéier net, hiert Liewen duerno wierklech ze preparéieren a gestärkt erauszekommen. Nee, wa si erauskommen, si si dacks gebrach a vulnerabel. Dovunner hu si näischt an och eis Gesellschaft net.

Här President, ech kommen nach eemol zréck op dem Här Vincent Theis seng Remark vu virdrun an ech zitieren hien, dass de Prisong net bestrooft, mee dass de Prisong d'Strof ass. Dat ass eng wichteg Nuance.

Et muss engem ëmmer bewusst sinn, dass all Mënsch fundamental Rechter huet an et soll een nëmmen déi Aschränkunge virhuelen, déi onbedéngt noutwendig sinn, fir dat gewënnscht Zil ze realiséieren.

An eise aktuelle Rechtssystem ass den Entzuch vun der perséinlecher Fräiheet d'Hauptstrof. Ënnert dëser Hauptstrof gëtt et alternativ Moossnamen, op déi den Dan Biancalana ganz vill agaangen ass, wéi zum Beispill de Bracelet électronique, d'Exécution fractionnée oder den Travail d'intérêt général.

Mir sinn derfir, wann et nëmme geet, dës Alternativmoossnamen unzewenden. Mir gesinn awer – an dat ass och elo hei scho laang a breet gesot ginn –, dass dës Mesuren iwwerhaapt net genuch ugewannt ginn. Ech kommen nach drop zréck.

Mat Bläck op de leschte SPACE-Rapport vum Conseil de l'Europe ass et wichteg ervirzehiewen, dass ee feststellt, dass den Indicateur d'incarcération, dat heescht d'Zuel vu Prisonéier op 100.000 Awunner, liicht erofgeet. Kucke mir zum Beispill d'Period ab der Reform vun 2018 bis 2021, da gesäit een, dass dësen Indicateur vun 113 op 87,8 gefall ass. Dat heescht awer elo net, dass alles gutt ass. Nëmmen als Vergleich sief gesot, dass zum Beispill Finnland 2021 en Taux vun 43 hat, Island en Taux vu 40 an Holland en Taux vun 53.

Här President, immens kritesch gesinn ech dann och, dass den Taux vun den Détenus préventifs konstant héich bliwwen ass. Zum Beispill war 2018 deen Taux bei 44,4 % an 2021 bei 43,3 %, also quasi identesch. De Verglach mat anere Länner weist eis, dass mer hei quasi Virreider sinn, dass deen Taux immens héich ass. Et muss een ënnersträichen, dass bis eng Persoun definitiv verurteelt ass, d'Présomption d'innocence gëllt. Och fir d'Détention préventive zielt, dass se nëmmen a Fäll ugewannt gëtt, wou et absolut noutwendig ass, zum Beispill wann eng reell Gefor fir d'Gesellschaft besteet.

Hei stellt sech d'Fro, ob een net mat Mesurë wéi zum Beispill der Hannerleeung vun Ausweisdokumenter oder der Notzung vum Bracelet électronique, iwwert dee scho vill rieds gaangen ass, manner drastesch Mesuren a Méiglechkeete fir verschidde Fäll zur Verfügung hätt. A mir mengen: Jo!

Am November 2020 konnt een allerdéngs am „forum“ liesen, dass Affekote sech beklot hunn, dass zum Beispill d'Potenzial vum Bracelet électronique net wierklech genuch genotzt gëtt. Et schéngt, wéi wa systematesch déi méi drastesch Moossnamen au détriment vun deene manner drastesch bevurzugt ginn. Och dat gouf eis vun der Associatioun „Eran, eraus ... an elo“ confirméiert, déi heibannen anscheinend all Mënsch gesinn huet, wat och gutt esou ass.

Här President, déi negativ Effekter vun der Détention préventive sinn awer net ze ënnerschätzen. De Conseil de l'Europe erwänt zum Beispill déi negativ psychologesch Effekter, d'erhéichte Suizidgefor, d'Problematik, dass et zur Rupture vu familiäre Lienen oder och dem Verloscht vun Aarbecht a Wunneng ka kommen. Och dat ass scho vun de Virriedner gesot ginn. Hei schéngt wierklech de Besoin ze bestoen, eemol genee ze analyséieren, wéi mer dës Situatioun an Zukunft kënnen optimiséieren.

Eng Bemierkung betreffend d'Drogepolitik nach. Am genannte Rapport kann ee gesinn, dass 2021 17,7 % vun de Prisonéier wéinst Infraktiounen am Zusammenhang mat Drogen am Prisong souzen. Déi Zuele féieren eis nees eemol een Echec, oder méi Echecken, virun Aen. Fir d'éischt den Echec vun eiser Gesellschaft, déi massiv Exklusivoun produzéiert, déi krank a süchtég mécht, den Echec vun der Drogepolitik, déi gréisstendeels nëmme Symptomer behandelt, well se repressiv virgeet, an awer och den Echec vum Prisong an dësem Beräich.

Nächst Fro: Ass de Prisong eng ugepasste Strof fir Drogendelikter? Natierlech muss een dat vu Fall zu Fall kucken an et kann een et net pauschal beäntwerten. Mee et kann ee wuel soen, dass d'Drogendelikter am Verglach zum Beispill mam Crime de sang oder mam Crime du sexe manner schlëmm sinn. Wann ee weess, dass vill Täter vun Drogendelikter vu schwacher sozioekonomescher Hierkonft sinn an eng niddreg Ausbildung hunn, ergo keng staark gesellschaftlech Positioun a keng grouss Entwécklungsperspektiven hunn, dann ass de Prisong eventuell kontraproduktiv fir si a fir d'Gesellschaft.

Ech zitieren aus engem Rapport, deen immens interessant ass, „Les peines alternatives à la prison“ heescht en, vun Eurotox, engem belschen Observatoire socio-épidémiologique alcool-drogues. „L'approche répressive n'a au final aucun impact sur les niveaux de consommation, ni sur l'offre de drogues illégales. Elle participe au contraire à reproduire les inégalités sociales, à renforcer les mécanismes d'oppression et de discrimination envers certaines franges de la population.“ A weider: „concernant spécifiquement les faits liés aux drogues illicites, l'incarcération ne participe nullement à la diminution de

l'offre de drogues illégales, notamment parce que ce sont surtout les usager-es et les „petites mains“ des trafics qui se retrouvent en prison.“

D'Prisongsstrof huet also wéineg bis guer keen Impakt. A schlëmmer, si schreiwen, dass duerch d'Aspären an d'Ewechspäre vum Täter vun der Gesellschaft, den Täter weider vulnerabiliséiert gëtt. An duerch d'Vulnerabiliséierung sinn eventuell Recidivë virprogramméiert. D'Aspäre verstärkt d'Exklusivoun a verstärkt d'Ongläichheeten, well den Exprisonéier wéineg bis guer keng Perspektiven nom Prisong huet. An domadder klëmmt och d'Gefor vu Recidiven.

De selwechte Rapport seet zu de Recidiven: „les taux de récidive sont toujours moindres après des sanctions non carcérales.“ Ech mengen, dat musse mer eis wierklech verhalten. D'Recidivë ginn erof bei Alternativen zu dem Prisong! „C'est notamment pour cette raison que le Conseil de l'Europe“, ech zitieren weider, „recommande de privilégier les sanctions alternatives et de recourir à l'incarcération en dernier ressort [...]“. Le taux de récidive n'est évidemment pas étranger aux caractéristiques du milieu carcéral. Une période d'incarcération, d'autant plus si elle est longue, ancre davantage les personnes détenues dans une spirale de marginalisation, de précarisation et de désaffiliation, voire de criminalisation.“

D'Logik also vun der Recidivitéit hängk mat der Logik vum Prisong, also der Exklusivoun, der Marginalisatioun zesummen. Mir müssen d'Aen opmaachen an d'Recidiven och als Konsequenz vum Prisong gesinn. Dat dierf keen Tabu sinn.

Wat d'Drogendelikter ugeet, schéngt et eis eng Evidenz, dass ee muss versichen, vun der Logik vum Ewechspäre fortzekommen, vu dass et virun allem e gesellschaftleche Problem ass. D'Police selwer sot elo zent eréischt an der Kommissioun, dass de repressive Volet eleng wéineg hëlleft. Ech zitieren: „De Phänomene ass, dass et ëmmer weider nowiisst.“

*(Interruption par la présidence)*

Ech si bal, nach ee Saz. All dat gesot, menge mir, dass mir mussen fort kommen vun enger ze vill repressiver Schinn, déi souwuel ongesond a kontraproduktiv ass fir de Prisonéier wéi och fir d'Gesellschaft.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Dan Biancalana fir déi Interpellatioun. D'Prisongsstrof ass sécherlech eng vun de mächtgste Moossnamen, déi de Staat huet, fir dass d'Leit sech u seng Reegelen halen. De Fräiheitsentzuch ass an eise Rechtsstaat déi ultimativ Strof, well domadder de Bierger a sech a senger Onofhängegkeet ageschränkt gëtt a seng Verantwortung entzu kritt. De Bierger gëtt zu engem Gefaangenen, dee vum Staat versuergt gëtt.

Et ass selbstverständlech, dass et sech ëm eng dramatesch Moossnam handelt, déi nëmmen an de schlëmme Fäll soll zum Asaz kommen. Mir schwätzen hei vu Persounen, déi anerer duerch hir Aktiounen a Gefor bréngen a wou all aner Moossnamen net méi duerginn, fir d'Verhalen ze änneren.

Fir eis Piraten ass d'Prisongsstrof och déi lescht Moossnam, déi de Staat dierf huelen, wann eng Persoun duerch aner Moossnamen net zur Asicht ka bruecht ginn. Logescherweis handelt et sech dobäi



ëm e ganz klengen Deel vun der Gesellschaft, dee sech net kann oder net wëllt un d'Reegelen halen.

Generell muss mer eis d'Fro stellen, wat den Zweck vun engem Prisong soll sinn. An eisen Ae muss de Prisong zu engem Biergerentwécklungszentrum ginn, fir dem Häftling, wann en erauskënnt, eng zweet Chance fir d'Liewen ze bidden.

Eng zweet Chance, wat bedeit dat?

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Fir eis bedeit déi zweet Chance, dass den Exprisonéier eng Krankeversuergung, psychologesch Betreierung, eng Iwwergangswunneng an eng Beschäftegung kritt, an dat esou schnell wéi méiglech. D'Leit sollen hir Prisongsvergaangenheet hannert sech kënnen loosson. Mee dofir muss hiert Liewen nom Prisong och e Sënn erginn.

Jo, natierlech kascht dat alles Suen. Mee wat ass besser? De Steierzueler bezilt jo schonn de Prisong mam Risiko, dass duerno d'Resultat net besser ass. Dofir wär et besser, wann een am Prisong géif iwwerleeën, wéi d'Leit herno besser erauskommen.

Här President, meng Virriedner si schonn all op déi verschidden Zuelen iwwert d'Häftlingen hei am Land agaangen. No den Zuele souzen den 1. Januar 2021 eng 548 Leit zu Lëtzebuerg am Prisong. Op 100.000 Leit gekuckt, sinn dat der 86. Sécherlech si mer domadder nach net um Niveau vun de Vereenegte Staaten ukomm, wou iwwer 600 Häftlinge pro 100.000 Awunner sinn.

Wat een och muss soen: A Länner, wou méi Leit an de Prisonge sëtzen, si sécherlech net nëmmen déi ganz Béis agespaart, mee och déi Klengkriminell. Ënnert den Häftlinge fanne mer eng grouss Partie vu Mënschen, déi am Drogenhandel aktiv sinn. Zu Lëtzebuerg sinn dat der eng 100, wann ech d'Zuele vun der Regierung kucken. Do dierft ee sech sécherlech d'Fro stellen: Mussen all déi Mënschen an engem Prisong sëtzen?

Mir haten d'lescht Joer hei an der Chamber am Juli eng Diskussioun iwwert d'Kriminalitéit a Verbindung mat Drogen. Vu verschiddene Riedner gouf gesot, dass et nieft de klassesche Prisongsstrofen a Geldstrofen, déi ee bei Drogendelikter riskéiert, och wichteg wär, fir alternativ Strofen ze fannen.

Mir Piraten hannerfroen dofir, ob déi Leit fir Drogen-delikter wéi Drogenhandel an Drogekonsum mussen am Prisong asëtzen. Well oft sinn et dës Leit, déi an der Drogenzeen gelant sinn, well se keng aner Optiounen an hirem Liewen haten. Verschiddener sinn drogenofhängeg, also krank. Ech widerhuelen dofir meng Ausso, d'leschte Joer: Drogenofhängeger dierfen net weinst hirem Krankheitsbild kriminaliséiert ginn an an de Prisong kommen. Suchtverhalten ass eng Krankheet, déi behandelt muss ginn, ouni dass d'Affer aus Angscht viru Strofen am Prisong op Behandlung verzicht. Dës Leit sinn an enger Situation gelant, wou se selwer guer net wollten dra sinn. Dat verdéngt eist Matgefill an eis Solidaritéit an net eisen Haass.

Déi repressiv Mesurë vum Code pénal, déi iwwert d'Deale mat Drogen handeln, mussen dofir iwwerpréift ginn. Dat géif zum Beispill schonn emol domadder ugoen, endlech de Verkaf an de Konsum vu Cannabis ze legaliséieren.

Ech hätt nach kënnen op déi vill aner Punkten agoen, déi d'Virriedner scho gutt dokumentéiert hunn, mat den alternative Strofe wéi d'Foussfessel oder generell d'Situation an de Prisongen. Et war eis awer wichteg, fir haut virun allem d'Theema vun den Drogen ervirzebréngen, well fir eis déi Leit net an de Prisong gehéieren, mee an alternativ Moossnamen.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

**Prise de position du Gouvernement**

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice** | Jo, schéine guddé Mëtten Iech alleguerten. Merci fir d'éischt emol dem Dean, dem Dan Biancalana ... Elo fänken ech och schonn un, d'Nimm ze ecorchéieren.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Eisen Dan.

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice** | Ären Dan. *(Hilarité)*

Ech sammele mech elo nach eng Kéier. Also, merci, Dan Biancalana, fir dës ganz, ganz wichteg Sujet haut op den Ordre du jour gesat ze hunn, well et effektiv e Sujet ass, iwwert dee vill manner geschwat gëtt, well et eng Marge vun der Gesellschaft betrëfft an och net terribel vill Leit, a well déi Leit, déi am Prisong sinn, entweeder eng Strofdot begaangen hunn oder enger beschëllegt sinn. Et ass esou, dass vläicht d'Lobbyaarbecht vun den Detenuen net ëmmer esou grouss ass an ech sinn och dowéinst frou, dass et eng Associatioun an deem Beräich geet, déi sech fir d'Rechter vun den Detenuen asetzt. An ech sinn och frou ze héieren, dass Der all mat hinne en Echange hat, wat extreem wichteg ass, fir ze héieren, wéi et wierklech aus hirer Perspektiv ofleeft.

Dann, wann ech elo e bëssen eng Kéier esou d'Konklusiounen zéie vun den Diskussiounen de Mëtten, sinn ech frou ze héieren, dass, ausser vläicht enger Partei, alleguerten d'Parteien hei an der Chamber der Meenung sinn, dass mer mussen alles drusetzen, fir d'Alternativen zu dem Strofvollzuch wierklech ze promovéieren an esou mann ewéi méiglech op de Prisong zréckgräifen als Strof.

Natierlech huet dat Ganzt seng Limiten, soulaang mer dee Code pénal hunn, dee mer hunn, deen nun mol bei ganz villen Delikter Prisongsstrofe virgesäit. Et läit net an der Hand vum Justizministère ze decidéieren, wéi eng Strofe gesprach ginn oder net gesprach ginn, mee dat läit natierlech an der Hand vun den Autorité-judiciairen, fir d'éischt emol vun de Geriichter bei der Strof, an dann herno vun der Délégue à l'exécution des peines, wann et dann drëms geet, wéi déi Strof soll exekutéiert ginn.

Dir hutt ganz vill Zuele scho genannt. Ech wollt der vläicht e puer nach eng Kéier kuerz soen. Also, mir hunn eigentlech schonn zu Lëtzebuerg eng ganz Panoplie vun Alternativen zu de Strofen; dat ass ugeklongen. All déi wichteg Instrumenter sinn do, si mussen just nach besser genotzt ginn. Ech deelen do d'Aschätzung vu ville vun Iech.

Mir hunn och eppes ganz Wichteges, wat zwar an der Lescht och heiansdo diskutéiert ginn ass, dat ass de Prinzip, dass de Sursis eigentlech d'Reegel ass, dat heescht, dass ee fir d'éischt emol net eng Prisongsstrof kritt. A wann dann e Sursis net gesprach gëtt, da muss dat och motivéiert ginn. Och dat war en Deel vun der Prisongsreform vun 2018, den neien Artikel 195-1 vum Code de procédure pénale.

Mir hunn och aner Mëttelen. Mir hunn d'Suspension vum Prononcé, mir hunn d'Probatioun, d'Exécution fractionnée, d'Semi-liberté, de Congé pénal, d'Suspension vun der Peine, d'Libération anticipée, d'Libération conditionnelle, de Bracelet électronique, jee, eng ganz Panoplie vu Moossnamen, déi kënnen gesprach ginn.

Zu den aktuellen Zuelen: 42 Persounen hunn aktuell eng Semi-liberté, 10 Detenuen hunn den Ament e Bracelet électronique. Dat variéiert, wann ech elo d'Zuele vun 2020 zum Beispill huelen, normalerweis tëschent 7 an 23 Detenuen am Mount, déi e Bracelet hunn. Am Moment sinn dat 7 Männer an 3 Fraen.

18 Detenuë kruten 2020 eng Suspensioun vun der Strofdot, 1.037 Congé pénal, 39 eng Libération anticipée an 81 eng Libération conditionnelle. Stand haut sinn zu Schraasseg 591 Detenuen enregistriert. Do muss een déi 10 vum Bracelet électronique ofzéien, dat heescht, et sinn der 581, dovunner 27 Fraen. Dat heescht effektiv dat, wat e puermol ugeklongen ass: Et si bedeitend méi Männer am Prisong wéi Fraen! 274 Detenuë si condemnéiert. Dir hutt also aktuell eng Majoritéit vun Detenuen am Prisong, déi net condemnéiert sinn, wat wierklech e Sujet ass.

Et gëtt awer zum Deel doduerjer erkläert, dass vun dem Effektiv der 290 just Residente sinn. Dat ass net emol d'Hallschent. Dat heescht, déi Leit, déi sech am Prisong erëmfannen, hu gréisstendeels hire Wunn-sätz net zu Lëtzebuerg, an der Majoritéit. An dat huet natierlech och eng Rétsch Implikatiounen – dat erkläert net alles vun den Zuelen hier – op déi alternativ Moossnamen. Well fir zum Beispill kënnen e Bracelet ze ordonéieren, fir eng Détention préventive ze evitéieren, muss een natierlech och evitéieren, dass en Délit de fuite besteet, oder et muss ee kënnen assu-réieren, dass ee beim Bracelet de Suivi ka maachen. An duerfir brauch een nun emol eng Residenz zu Lëtzebuerg, soudass dat en Deel vun der Explikatioun ass. Dat geet mer awer och nach net duer an ech sinn och der Meenung, dass mer nach weider mussen oeuvreieren, fir notament de Bracelet ze promovéieren.

Bon, dann d'Capacitéit vum Prisong: De Prisong ass am Moment ganz gutt beluecht. Mee et gouf awer Zäiten, do war dat vill méi extreem. Do louche mer bei 700 Detenuen. Ech hoffen, dass déi Tendenz, dass elo an der Lescht d'Zuel erëm e bëssen an d'Luucht gaangen ass, sech elo net confirméiert, mee dass mer éischter an där Tendenz bleiwen, an där mer waren, wéi d'Pandemie ausgebrach ass, wou eigentlech d'Zuel vun den Detenuen am Prisong ëmmer méi erofgaangen ass, an dat och schonn zënter der Prisongsreform. An déi Tendenz hat sech och scho virdrun ugekënnegt.

Wann ech kucken, am Joer 2020 waren an der Moyenne 526 Detenuen am CPL, am Dezember waren et der 510 an am déifste war déi Zuel am Mee 2020 mat 441 Detenuen. Dat war natierlech zum Deel och covidbedéngt.

Dann hu mer Giwenech – mir ware mat der Justizkommissioun jo zesummen och Giwenech deslescht eng Kéier kucken –, eng extreem wichteg Institution, wou ganz, ganz gutt geschafft gëtt, och wa mer vun der Integratioun schwätzen. Do sinn de Moment 86 Persounen, dovunner 10 Fraen, an do ass awer d'Hallschent dann an der Semi-liberté.

Giwenech huet eng Capacitéit vun 113 Better. Dat heescht, och do ass nach Spott no uewen, dee mer awer net onbedéngt wëllen ausnotzen, ausser wa mer Leit géifen eriwuerkréie vum CPL op Giwenech, wat wierklech eng ganz gutt Alternativ duerstellt.

Et ass och vill rieds gaange vum Plan d'insertion. Do vläicht zwou Saachen: Natierlech si mer covidbedéngt do hannendra komm, well de Prisong war ganz laang richtig zou. Et ass net vill mat Visite geschitt, et ass net vill mat Aktivitéite geschitt. Et ass vill op Visio zréckgegraff ginn, notament, fir de Lien mat der Famill ze erhalen. An et ass extreem reduzéiert gefuer ginn, eebe weinst der Suerg, déi mer jo all gedeelt

hunn, de Covid an de Prisong eranzekréien, wat mer bis relativ zum Schluss gutt evitéiert kruten, wat mer och weider esou handhaben, soudass eeben déi Insertiounsarbecht dorënner gelidden huet, eppes, wat ech bedauern, mee wat awer dee Moment inevitabel war.

Vläicht och nach zu der Kollaboratioun mat der Uni, eppes, wat ech wierklech wichteg fannen a wou mer eis och scho Gedanke gemaach hunn. Mir sinn och insgesamt amgaangen, am Justizministère ze kucken, wéi mer déi Kollaboratioun mat der Uni kënne verbessern, an och, dass se sech méi mam Lëtzebuurger Droit befaasst. An dat hei ass och e Volet, wou ech eng Aufgab gesinn.

Mee et gëtt schonn eng Kollaboratioun den Ament, déi Dokumenter sinn nämlech fir den Traitement pénologique. Ech mengen, den Här Legil hat Iech dat och an der Kommissioun gesot, dass mer dat do ganz enk elaboréiert hunn, an zwar och zesumme mat der Uni, fir eeben och eng Evaluatioun méiglech ze maachen, fir dass dat no gudde wëssenschaftleche Krittären an op eng homogene Aart a Weis gemaach gëtt. An dat Dokument ass eeben elo zënter e puer Méint an der Pratique, soudass dann och kann doropshin eng Evaluatioun gemaach ginn.

Mee d'Saach mat der Reinsertioun a mam PVI, mam Plan volontaire d'insertion, ass natierlech op fräiwëlleger Basis. Et ka kee forcéiert ginn, dat ze maachen. Mir incitéieren natierlech do. D'Leit ginn incitéiert, et ze maachen, mee et ass eng fräiwëlleg Saach.

Bon, zum Prinzip selwer. Am Moment geet et effektiv a verschidde Länner an déi Richtung fir ze probéieren, de Strofvollzuch ëmmer méi ze reduzéieren. A wann Der Iech ausernanergesat hutt mat dem Projet de loi iwwert d'Jugendstrofichter, gesitt Der, dass mir och absolutt an déi Richtung ginn, wou mer Minimumen drasetzen, ënnert deene kee Prisong méiglech ass, dass mer och Maximumen drasetzen, a wou mer, fir op déi Fro ze äntwerten, jo och ganz kloer drageschriwwen hunn, dass Mineuren net méi däerfen an den Erwuesseneprisong kommen.

Déi Tendenz gesi mer, an dat ass eppes, wou ech och déi Meenung vu ville vun Iech heibannen deelen, dass de Prisong a ganz ville Fäll méi schlecht mécht, wéi e gutt mécht. Et gëtt awer Fäll, wou de Prisong eng wichteg Fonctioun huet, notament och, wat d'Sécherheet ubelaangt vun de Bierger dobaussen. Wa mer vu Persounen schwätzen, déi eng Gefor fir anerer duerstellen, da gëtt et a mengen Aen net schrecklech vill Alternativen zum Prisong. Op d'mannst a verschidde Cas-de-figuren ass et do awer wichteg, dass mer kënne déi Solutioun ubidden an dass am Prisong awer ganz aktiv mat deene Leit geschafft gëtt, fir eeben d'Recidive ze evitéieren a fir alles drunzesetzen, dass, wann et zum Beispill zu Gewalt kouw, dat net méi virkënn, oder dass den Detenu och léiert, domadder ëmzegoen an déi Situatiounen ze evitéieren, fir eeben déi Resozialiséierung herno, déi Reinsertioun nom Prisong, méiglech ze maachen.

Wat dobäi ganz wichteg ass, dat ass och d'Infrastruktur. Och dat ass uegklongen. Wéi gesäit deen zukünftigen CPL aus? Et huet ee vun Iech, ech weess net méi wien, de Film vum Frank Gehry erwänt – ech froe mech, ob et net den Här Knaff war –, wou et drëms geet, wéi de Prisong soll ausgesinn, de Prisong vun der Zukunft. An do gesitt Der um Schluss vum Film, d'Architekturstudenten e Prisong an engem skandinavesche Land besichen. An do gesäit ee ganz gutt, wéi de Prisong vun der Zukunft soll ausgesinn a wéi mir och schaffe fir de Prisong hei zu Lëtzebuerg.

Et gëtt do vill méi op d'individuell Verantwortung vun deem eenzelnen Detenu gesat. Et gëtt vill méi

a Kategorië geschafft a kleng Strukturen. An den Detenu huet och vill méi Fräiheeten, jee no sengem Statut an deem Prisong. An dat ass eng exzellent Saach, well et geet jo och drëm, dass een net komplett deconnectéiert gëtt vun der Realitéit, dass ee Gewunnechten huet, dass ee moies opsteet, dass een eng Aarbecht huet, dass een eppes ze dinn huet, dass een e Sënn huet an deem, wat ee mécht, wann een all Moien opsteet.

D'AP (ndlr: Administration pénitentiaire) ass ganz intensiv am schaffen dorunner. Soubal dee Projet drockräif ass, wäerte mer Iech dat natierlech och virstelle kommen.

An da wollt ech vläicht nach zwou Saache soen zu deem, wat d'CSV, also den Här Gloden, gesot huet. Dat eent ass par rapport zu dem Bracelet bei de Violences domestiques. Esou wéi ech Iech virdru scho gesot hat, hu schonn am November zejoert de Policeminister, d'Innen-, also d'Égalitéministesch, an ech selwer e Plang virgestallt, wéi mer elo wëlle weiterfuere. An dat do ass ganz kloer een Element dovunner. Mir hunn dat och prinzipiell festgehalten, dass mer op de Wee vum Bracelet ginn. Conditio sine qua non ass awer virdru d'Implementatioun vun enger Celulle psychosociale bei der Police, déi och d'Begleitung dovunner mécht, well hei geet et jo och ganz vill ëm de Schutz vun dem Affer a wéi ee mat deenen dote Situatiounen ëmgeet. Et si keng einfach Situatiounen, well de Bracelet jo virun allem geduecht ass, fir e Rapprochement ze evitéieren tëschent dem Affer an dem Täter vun haislecher Gewalt.

Da muss ech Iech soen, hunn ech net richteg verstannen de Lien tëschent Alternativen zur Detentioun an der Réention de sûreté. Ech mengen net, dass dat eng Alternativ zur Detentioun ass, mee ech hunn et och vläicht ...

**M. Léon Gloden (CSV)** | ... mee eng Modalitéit.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | A, ok. Et ass eng Modalitéit.

*(Interruption par M. Léon Gloden)*

Dat heescht, Dir gesitt eng Alternativ bei der Exécution des peines doran, dass een d'Leit net méi erausléisst.

**M. Léon Gloden (CSV)** | Dat ass keng Alternativ, dat ass eng Modalitéit ...

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Ech hunn Iech dat schonn e puermol erkläert, an et wonnert mech am Fong, dass Dir dat proposéiert als CSV, vu déi Diskussioun, déi mer oft an der Chamberskommissioun hunn iwwer fundamental Rechter: Leit, ouni dass en Urteel genau seet, wéi laang een am Prisong ass, kënne dann eeben ënnert déi Réention de sûreté falen.

Just nach eppes, dat ass nämlech och eppes, wat mech gestéiert huet bei dem aktuelle Mechanismus vum Jugendstroferecht, dat ass, dass de Jugendlechen ëmmer erëm déi dräi Méint gesot kritt, déi e misst agespaart bleiwen, an eigentlech net weess, wéini dat dann elo definitiv eriwwe ass.

Ech menge just net, egal wéi een dat elo ausleet, dass dat eng Alternativ ass zum Strofvollzuch. Ech mengen, dass d'Leit dann eebe just nach méi laang géifen an der Strof bleiwen. Jo.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Madamm Ministesch, hei kann een awer net Äppel mat Biere vergläichen.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Dir maacht dat an Ärer Demande virdru.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Neen, et ass en Ënnerscheid zwëschen eng Presomption d'innocence – dat ass,

ier een eng Condamnatioun kritt – an deem, wat den Här Gloden ugeschwat huet. Dat sinn d'Modalitéte vun der Exekutioun vun enger Condamnatioun, dat heescht am Kloertext, wou eng Persoun eng Condamnatioun ausgesprach kritt huet an déi och rechtskräfteg ass. An ee vun deene Fäll ass zum Beispill d'Affär Dutroux. An ech kéint mer jo net virstellen, dass d'Belsch en ondemokratesche Rechtssystem hätt.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Ech schwätzen net vun ondemokratesch, dat hunn ech jo net gesot.

**M. Gilles Roth (CSV)** | An et gëtt och där Fäll, déi sech eventuell och an nächster Zukunft zu Lëtzebuerg stellen. Ech nenne keng Nimm.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Also, ech hu kee Wuert gesot vun der Présomption d'innocence. Dat hutt Dir elo gesot, loin de moi, fir dat ze soen, ech hu vun Droit-fundamentale geschwat, an ech sinn der Meenung, dass ee muss wëssen, wann ee verurteilt gëtt, fir wéi laang dass een an de Prisong kënnt. An duerfir hunn ech e Problem mat der Retentioun, mat der Sécherheitsretentioun. A wéi gesot, ech gesinn net, wou do d'Alternative sinn zu dem Strofvollzuch.

Dat anert ass d'Comparution immédiate. Och do kënne mer ganz gären driwwer schwätzen, dat hunn ech Iech jo scho méi wéi eng Kéier gesot. Mee och dat ass weeder eng Alternativ zum Strofvollzuch nach eppes, wat de Strofvollzuch verhënnert. Well wann een eng Kéier esou eng Audienz materlief huet, da gesäit een, dass dat éischter e ganz, ganz séiert Exekutéieren, also Ofhandele vu Strofprozesser, duerstellt, wou elo d'Rechter vun dem Einzelne vläicht e bësse manner respektéiert ginn, wéi wa laang Prozeduren der Saach virausginn, wou gekuckt gëtt, wat ee gemaach huet, wou och à décharge eebe ka gekuckt ginn, ob vläicht näischt gemaach ginn ass.

An Dir hutt gesot, et ass agefouert ginn, fir d'Hooligans ze evitéieren 1998 bei der Weltmeeschterschaft a Frankräich. Ech kann Iech awer soen, haut gëllt et fir Prisongsstrofe vu bis zu zéng Joer! An ech fannen esou eng Aart a Weis, fir Prozesser ofzehandelen, wierklech äusserst problematesch. Dat sinn Audienzen, déi gi bis spéit owes. Do ass net vill Zäit, fir sech wierklech am Detail mam Dossier ausernaneresetzen. An ech mengen och net, dass mer do an engem Cas de figure sinn, wou mer verhënnere, fir méi Leit an de Prisong ze kréien. Ech mengen, dass mer do éischter méi wäit dervun ewech sinn.

Da vläicht nach zu dem „Wéi geet et weiter?“. Am Moment – an dat hunn ech Iech scho gesot, an Dir wësst dat – ass et beim Parquet général eng Vertrieederin, déi d'Exécution des peines mécht, déi dat mat ganz vill Asaz mécht. Et ass awer eng Tâche, déi ëmmer méi eng grouss Envergure kritt. An ech si wierklech der Meenung, dass mer déi op méi Schëllere mussen verdeelen, soudass ech Iech och deemnächst wäert d'Propos ënnerbreeden, dass mer nach esou en Délégué à l'exécution des peines wäerten aféieren.

Wat ech awer eigentlech regrettéieren, dat ass, dass mer 2018 net och eng Juridictioun geschafen hunn, fir déi Decisiounen do ze huelen. An déi Diskussioun ass fir mech net eriwwe. Ech hat och nach kierzlech en Echange mat der Procureur général d'État doriwwer, déi mëttlerweil och, mengen ech, déi Appreciation deelt, soudass et ka sinn, dass, wa mer elo déi ganz Evaluatioun nach eng Kéier gekuckt hunn, ech Iech déi Propos och wäert soumettéieren, fir op de Wee ze goen, hei éischter eng Chambre d'exécution des peines ze hu wéi en Delegué vum Procureur général d'État.

Voilà, ech wollt Iech e ganz grouse Merci soe fir déi flott Diskussioun de Mëtten. An Dir wësst, dass mer



hei reegelméisseg an der Chamberskommissioun driwwer schwätzen, mee et ass och extreem wichteg, dass mer dat heiten am Plenum, an der Öffentlechkeet, diskutéieren. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Justizministesch Sam Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

#### 4. Dépôt d'une motion par M. Jeff Engelen

Ech géif dann elo d'Wuert un den honorabelen Här Jeff Engelen gi fir den Depot vun enger Motioun. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

##### Exposé

**M. Jeff Engelen** (ADR), auteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif mer erlaben, am Numm vun eiser Fraktioun eng Motioun ze depouéieren zur radiodiagnostescher Praxis um Potaschbiereg. Déi huet elo hir Aktivitéiten opgeholl. D'CNS, wéi Der all wësst, rembourséiert net; och d'Honorairé fir de Radiolog ginn net rembourséiert. Mee wann een awer an d'Ausland geet – ech denken do un Tréier oder op Sankt Vith –, da kritt ee se awer rembourséiert. An dat fanne mir e bëssen ongerecht. An duerfir dës Motioun.

Bis dat mam Remboursement gekläert ass, wou mer hoffen, dass dat esou séier wéi méiglech geet, soll de Remboursement kommen op Basis vun deem, wat och am Ausland rembourséiert gëtt. Well et ka jo net sinn, dass déi aus dem Ausland rembourséiert ginn an hei am Land net! Dat fanne mir ongerecht. An duerfir dës Motioun.

Merci, Här President.

##### Motion

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, dass*

– eng radiodiagnostesch Praxis, de Centre Médical Potaschbiereg, mat IRM, Scanner a Röntgenapparat mat schaffen ugefaangen huet;

– d'CNS d'Rechnunge vun deene betraffene Patienten net rembourséiert, wa si eng deementspreechend Déngschtleeschung am Centre Médical Potaschbiereg an Usproch huelen;

– och den Honoraire fir de Radiolog am betraffene Centre Médical vun der CNS net rembourséiert gëtt;

– dës Situatioun däitlech méi ongënschteg ass wéi déi, déi fir eng analog Behandlung am EU-Ausland gëllt, an erkennt doran d'Gefor vun enger Diskriminéierung vun enger Lëtzeburger Entreprisë,

fuerdert d'Regierung op,

– d'Fro vun de Remboursement, Konventiounen an Tariffer, déi fir esou eng Praxis solle gëllen, esou séier wéi méiglech ze klären;

– dass, bis d'Fro vum Remboursement an all aner Parametere gekläert sinn, déi betraffene Patiente wéinstens esou rembourséiert ginn, ewéi dat fir analog Déngschtleeschungen an engem vun eisen Nopeschlänner de Fall wär.

(s.) Jeff Engelen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | E bësse Gerechtheet!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR), auteur | Wannechgelift, Här President.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci.

#### 5. Question élargie n° 143 de M. Gusty Graas au sujet de la situation des organisations non gouvernementales et des organisations s'engageant dans le domaine des droits civiques au Nicaragua

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 143 vum Här Gusty Graas iwwert d'Situatioun vun den ONGen an aneren Organisatiounen, déi an Nicaragua fir zivill Rechter kämpfen. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Ech mengen, dass d'mittellamerikanescht Land Nicaragua huet eng ganz bewegte Vergaangenheet hannert sech. Ech denken hei virun allem un d'Somoza-Diktatur aus de 60er- an de 70er-Joren. Enn 1979 koom et zu enger Revolutioun, an d'Sandiniste koume jo un d'Muecht. 1984 ass e gewëssenen Daniel Ortega och President vun Nicaragua ginn. Hie war u sech bis 1990 dunn un der Muecht a vun 2007 u koom en erëm zrëck an d'Präsidentenamt, wat en och bis haut dann elo bekleet.

Wann een natierlech elo seng Entwécklung kuckt, da gesäit een, dass e sech vun engem Revolutionsféierer zu engem reegelerchten Diktator entwéckelt huet. An am Abrëll 2018 koom et dunn och zu ganz seriösen Onrouen an Nicaragua. Dat ass ausgaange vun Ongerechtkeeten an och Onzefriddenheet vis-à-vis vun enger geplangter Pensiounsreform. Et koom zu bluddegen Ausmoossen, op alle Fall sinn Honnerte vu Leit do ëmkomm, an et ware virun allem Studenten, déi déi Revolutioun do oder déi Emeute ugefouert hunn.

An am August 2021 koom souguer och e gesetzlecht Verbuet, wat d'Presenz vun auslänneschen Agenten an deem Land ubelaangt.

D'Walen du vum 7. November 2021, muss ee soen, dass war eng reegelercht Farce. Zwar gouf den Här Ortega mat 75 % bestätegt, mee d'Walbeobachter ware sech jiddefalls alleguer eens, dass et hei net mat rechte Denger iwwert d'Bün gaangen ass. D'Abstentoun war iwwregens och ganz héich.

Et muss een och wëssen, dass am Virfeld vun deene Walen den Här Ortega derfir gesuergt hat, dass eng Rei potenziell Kandidaten an de Prisong koumen.

An du koom am Fong elo dee Punkt, op deen ech haut u sech wollt méi genee agoen, dass war de leschte 17. März, wou 25 ONGen an Organisatiounen, déi sech u sech fir zivill Rechter vun de Leit do asetzen, verbuede goufen. Ënnert deenen Organisatiounen war zum Beispill d'Luisa-Mercado-Fondatioun an d'Solentiname Development Association, déi 1982 vum verstuerwenen nicaraguaneschen Dichter Ernesto Cardenal och gegrennt gouf.

Besonnenesch schlëmm ass et awer, dass déi permanent Kommissioun fir Mënscherechter an Nicaragua de Rechtsstatut och entzu krut. Zënter 2018 sinn eng ronn 112 ONGen entre-temps verbuede ginn. Dat sinn ONGen, déi um Niveau vu Mënscherechter natierlech tätég sinn, déi sech och fir Universitiäten asetzen, fir Journalisten, fir Fraerechter an och fir d'Ëmwelt.

An ee vun deene bedeiendste Schrëftsteller aus dem latäinamerikanesche Raum, den Ernesto Cardenal, sot, dass dem Ortega seng Regierung weeder lénks

nach riets ass, dass se weeder sandinistesesch nach revolutionär ass, mee dass et eng reng Familljendiktatur ass. Et muss een natierlech och wëssen, dass dem Ortega seng Madamm, d'Rosario Murillo, jo och gläichzäiteg Vizepresidentin vun deem Land ass.

Ech mengen, déi ganz Entwécklung kann eis natierlech net kalloossen. Firwat?

Mee aus deem ganz einfache Grond, well mir jo och zënter 1993 mat deem Land a Kontakt sinn, fir Entwécklungshëllef ze leeschten. 2000 gouf deen éischte Kooperatiounsvertrag ënnerschriwwen, an den Akzent vun eiser Kooperatiounshëllef läit zënterhier op der Gesondheet, um Tourismus an och op der berufflecher Formatioun.

Deen drëtte PIC (ndlr: Programme indicatif de coopération) war du souguer nach verlängert ginn an enger Héicht vun 33 Milliounen. Virun allem och an de Beräicher Santé an Tourismus hu mer Programmer gehat, déi bis 2019 gelaf sinn.

An ech hat schonn eng Kéier eng Question parlementaire zu där ganzer Problematik gestallt, dass war den 12. Juni 2018. Do huet den deemolege Minister mer geäntwert, dass den direkte Finanzement un d'Regierung géif elo op Äis geluecht ginn, an zwar géifen nach just Projeten ënnerstëtzt ginn, déi iwwert de Wee vun ONGe géife realiséiert ginn.

Mir hunn och eng Étude stratégique 2021 gemaach fir Zentralamerika. An de Budget FASOC (ndlr: Fonds d'appui à la société civile), dass ass am Fong de Fong fir d'ONGen, ass och erhéicht ginn.

De Poste vum Chargé d'affaires zu Managua ass ufangs 2022 jo net méi erneiert ginn.

A well déi ganz Situatioun eeben, wéi gesot, sech esou dramatesch an deene leschte Méint nach méi entwéckelt huet, a virun allem nach eng Kéier de rezente Verbuet vun deene 25 ONGe féiert een natierlech derzou, fir eng Rei Froen an där ganzer Problematik hei ze stellen.

Dowéinst, wéi gesot, wollt ech Iech och, Här Kooperatiounsminister, dës fënnef Froe stellen.

Déi éischt ass natierlech, ob duerch dee rezente Verbuet och Lëtzeburger ONGen direkt oder indirekt elo dovunner betraff sinn.

An dann eng zweet Fro ass natierlech och, wéi de Minister elo déi politesch Situatioun an Nicaragua aschätzt.

Dann och nach eng drëtt Fro: Wat bedeit dann iwwerhaupt déi rezent Aktioun oder respektiv déi Entwécklung elo fir eis Kooperatiounspolitik mat Nicaragua?

Dann eng véiert Fro, déi elo vläicht Iech net direkt betrëfft, ech mengen awer schonn indirekt, dass ass natierlech och: Wéi gesäit d'Zukunft vun der Ambassade zu Managua aus? Ech gi jo och dervun aus, dass Der jo awer och scho mam Ausseminister doriwwer diskutéiert hutt.

An da méi eng allgemeng Fro, wat déi Kooperatiounspolitik insgesamt ubelaangt. Wann een elo d'Entwécklung an enger ganzer Rei Zillänner kuckt an deene leschte Wochen a Méint – Stéchwuert Mali, Stéchwuert Niger, Stéchwuert Burkina Faso –, da muss ee sech jo awer prinzipiell d'Fro stellen: Wéi soll eis Kooperatiounspolitik an Zukunft ausgerichtet si vis-à-vis vun deene Regimenter? Wéi gesi mer déi Entwécklung do? Wat hu mer do vu Méiglechkeeten?

Ech weess, dass ass ëmmer eng ganz schwieereg Decisioun. Op där enger Säit huet een e Regimm, deen een op kee Fall kann ënnerstëtzen, wëllt ënnerstëtzen. Op där anerer Säit huet een natierlech och eng

Populatioun, déi op dréngend Hëllef ugewisen ass. Mee vläicht kënnst Dir eis do e puer Explikatiounen ginn, wéi Dir Iech virstellt, datt mer an Zukunft sollen eis Kooperatiounspolitik virun allem an deene Länner weiderentwickelen.

Voilà, Här Minister, ech soen Iech schonn am Viraus Merci fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Graas. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Kooperationsminister Franz Fayot.

**M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire** | Merci dem Gusty Graas fir dës Fro. Jo, also en huet d'Situatioun gutt resuméiert an Nicaragua. Déi ass effektiv dramatesch zurzäit, déi ganz Evolutioun vum Daniel Ortega, vun engem Revolutionär zu engem en fait normalen Dictateur. Dat Land gëtt effektiv haut vun enger Famill regéiert, vum Ortega a senger Fra, déi och Vizepräsident ass. Dat ass alles natierlech eng ganz negativ Evolutioun.

Bon, vläicht fir déi fënnef Froen dann eng no där anerer ze huelen, ugefaange mat där éischter.

Wéi ass den Impakt vun där Situatioun op eis Kooperatioun sur place?

Dir wësst, datt mer zurzäit u sech nach zwou Lëtzebuerger ONGen hunn, déi mat Kofinanzementer vun der Kooperatioun Projeten an Nicaragua hunn an och probéieren ëmzesetzen. Dat si Lëtzebuerger ONGen, déi hir Projeten och mat lokale Partner ëmsetzen.

An Dir hutt et gesot: Säit dem Gesetz iwwert déi auslännesch Agente vum 19. Oktober 2020 mussen sech lokal Partner vun dësen ONGen als auslännesch Agente registréieren. Dat ass eng klassesch Method, fir u sech d'Kooperatioun an och d'Entwicklungszusammenaarbecht duerch ONGen ze limitéieren. Déi ginn domadder op eng gewëssen Aart a Weis drangsaléiert.

Dat ass e Gesetz, wat derzou féiert, dass lokal Partner enger Multitude vun administrativen, legalen a finanziellen Fuerderungen ausgesat sinn. Dat sinn operationell Erausforderungen fir all Organisatioun, déi Finanzementer aus dem Ausland kritt. Bis elo konnte sech dräi vun insgesamt véier Partner vun onsen ONGen beim nicaraguaneschen Inneministère als esou auslännesch Agente registréieren.

Dann déi zweet Fro: Wéi schätzt eis Kooperatioun d'Situatioun vun den ONGen an Nicaragua an?

Abee, déi Situatioun ass besuergneserregend, fir et méll ze soen, oder souguer dramatesch. Mir observéieren eng kontinuéierlech Verklengerung vum effentlechen Raum fir déi nicaraguanesche Zivilgesellschaft.

**Une voix** | Très bien!

**M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire** | An och wann, wéi gesot, zwou Lëtzebuerger ONGen am Moment nach weiderhin hir Aktivitéiten ëmsetzen kënnen, esou hu leider eng sëllege nicaraguanesche auslännesch ONGen hire legale Statut oferkant kritt an dowéinst missen hir Aktivitéiten stoppen an hir Bürouen zoumaachen. Dir hutt selwer gesot, wéi Dir Är Fro gestallt hutt: Et sinn eng ganz Rei ONGen verbuede ginn an Nicaragua.

Dat ass natierlech komplett inakzeptabel. An och dat explizéiert, firwat mer eis aus dem Land zrëckzéien. Dat ass eng Situatioun, déi natierlech och d'Kontinuitéit an d'Ëmsetzung vun der Entwécklungshëllef duerch d'nicaraguanesche Zivilgesellschaft bremst. An ech mengen, dat ass och d'Intentioun natierlech hannert där Legislatioun an hannert deene Mesuren, déi d'ONGen betreffen.

Wat fir eng Repercussiounen huet dat op eis, sprécht Lëtzebuerg a seng Zesummenaarbecht mat Nicaragua?

Bon, dat ass jo keng nei Diskussioun, déi mer hunn. Ech hat Iech schonn d'lescht Joer bei menger Erklärung zur Kooperatiounspolitik de 17. November an der Chamber gesot, wat eis Attitüd ass par rapport zu Nicaragua vun der Lëtzebuerger Kooperatioun aus.

Wéinst där Situatioun an Nicaragua och scho säit 2018 u sech, säit déi bluddeg Repressiounen do waren a säit déi verschidde Gesetzgebungen koumen iwwert d'Agents étrangers, an déi Walen effektiv, déi eng Farce waren an Nicaragua, an iwwerhaupt natierlech déi ganz schlémm Verletzung vum de Mänscherechter an deem Land, hu mer scho säit 2019 eis bilateral Kooperatioun do gestoppt. Wéi ech och scho gesot hunn, d'lescht Joer ass de Kontrakt vum Agent de la coopération ausgelaf, deen ass och net erneiert ginn. Dësen Agent, wéi gesot, ass net ersat ginn. An d'Bürou vum der Ambassade goufen Enn Januar dës Joer och zougemaach.

LuxDev huet am Moment nach een Agent sur place. D'Agence mécht vun do aus de Suivi vun eise regionalen Projeten. Et ass effektiv esou, dass mer an der Suite och vun där Étude stratégique vum 2021 iwwer eis Kooperatioun a Latäinamerika am Fong decidéiert hunn, éischter op eng regional Kooperatioun iwwerziewieselen an där Regioun, wat awer net heescht, dass mer net och nach aner Länner amgaange sinn ze kucken, mat deene mer kënnen zesummeschaffen a Latäinamerika. Mee fir de Moment ass eis Aktioun dohannen éischter axéiert op eng regional Kooperatioun.

Wéi gesot, et sinn do Reflexiounen amgaangen, wéi mer eis an Zukunft do positionéieren, mee, wéi gesot, fir de Moment eng éischter regional Zesummenaarbecht.

Wat d'Zukunft vun der Ambassade ugeet, dat hunn ech Iech elo just gesot, déi ass elo zou. Mee mir sinn amgaangen ze kucken an der Regioun, fir méiglecherweis eng aner Ambassade an engem anere Land opzemaachen, well mer awer trotzdeem der Meinung sinn, dass mer eng Presenz sur place brauchen, esouwuel natierlech fir eis Aussepolitik aus diplomatesche Grënn, mee awer och fir eis Entwécklungszusammenaarbecht.

Dee fënnefte Punkt, wéi gesi mer, wéi gesinn ech d'Kooperatiounspolitik allgemeng au vu vun der Situatioun a Länner wéi dem Mali, dem Burkina Faso, wou jo effektiv an deenen zwéi Länner e Coup war, wou elo u sech Junten ou Pouvoir sinn, déi natierlech och e bëssen anescht si vun deem enge Land zum aneren.

Mali ass eng aner Junte wéi déi vum Burkina Faso, och mat enger anerer Attitüd par rapport zum Westen.

Den Niger ass e Land, wat vum President Mohamed Bazoum fir de Moment a senger Regierung regéiert gëtt, wou et en fait eng relativ Stabilitéit gëtt an engem komplizéierten Ëmfeld. Och do, däers si mer eis alleguerten eens, och am Niger kann een net méi iwwerall higoen an och déi Projeten ëmsetzen.

Wéi verhält ee sech par rapport zu dësen Regimmen?

Bon, wat mir maachen, dat ass, dass mer eis Projekte weiderhi versichen ëmzesetzen mat eise lokale Partner. Mir hunn eng Presenz sur place mat engem Chargé d'affaires, voire enger Ambassade. Mir hunn och LuxDev, déi sur place sinn. Dat heescht, mir probéieren déi Projekte weiderhin esou gutt wéi méiglech ëmzesetzen.

Mir hunn och scho säit laanger Zäit an deene Länner ..., oder mir hunn en fait ni eng Aide budgétaire ginn direkt an de Budget vun deene Regierungen. Dat heescht, mir schaffen och do mat lokale Partner zesummen a mat eiser Developpementsagence. A mir sinn awer der Meinung, dass mer eis aus deene Länner, wat jo eis Haaptpartnerlänner sinn an der Sahelregioun, net wëllen zrëckzéien, dass mer fir de Moment weiderhi probéieren, do ze schaffen.

Et ass esou, dass een, wann ee bis eppes opgebaut huet iwwer laang Joren an och do d'Konfienz huet trotz Changement vu Regierungen, mengen ech, soll dobleiwen a probéieren, déi Aarbecht weiderzemaachen.

Wann ee bis fort ass aus esou engem Land, ass et ganz schwéier, fir duerno erëm do Fouss ze faassen. An dann huet ee laangjäreg Efforte wierklech mat enger Kéier op d'Spill gesat. Dofir sinn ech der Meinung, an och meng Ekippen an der Kooperatioun, dass mer trotz engem schwierigen Ëmfeld an deene Länner weiderhi sollen dobleiwen an och do weiderhi schaffen.

Mam Niger hu mer och viru Kuerzem nach en neie PIC ënnerschräwwen, wat dee gréisste Programme indicatif de coopération ass an der Lëtzebuerger Kooperatioun. Mir maachen do ganz vill ganz gutt Projeten a sinn en appreciéierte Partner am Beräich vum Waasser, vum Assainissement vum Waasser, mee och am Beräich vun der Formatioun a vun der Formation professionnelle. Dat sinn alles wierklech och fir de President Bazoum a seng Regierung Schlësselberäicher, déi ganz uewen op hirer politescher Agenda stinn a wou mer wierklech och kënnen eng Differenz maachen an deene Länner.

Dernieft ass et awer esou, dass mer natierlech och probéieren, nei Länner ze identifizéieren. Mir sinn do ganz gutt an Diskussioun mam Ruanda, mat deem mer schonn eng Rei nei Projeten identifizéiert hunn, wou mer héchstwahrscheinlech wäerten erëm en neit Partnerland kréien, mee awer och mam Benin an Afrika, wou mer Diskussiounen hunn, fir och mat hinne zesummeschaffen.

Dat si Länner, déi eng vill méi grouss politesch Stabilitéit hunn a wou een och kann e bëssen eng nei Form vu Kooperatioun maachen. An do, wéi gesot, si mer ënnerwee a mir bleiwen awer trotzdeem deenen anere Länner an der Sahelregioun trei a probéieren och weiderhin, do nach gutt ze schaffen.

Merci!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Kooperationsminister Franz Fayot.

## 6. Question élargie n° 146 de M. Laurent Mosar au sujet du Google Data Center à Bissen

Da komme mer elo zur erweiderter Fro Nummer 146 vum Här Laurent Mosar iwwert de Google Data Center zu Bissen. Ech wëll den Auteur drun erënnere, datt e fënnef Minutten Zäit huet, fir seng Fro ze stellen, a wann en no der Haaptfro nach Zäit huet, eventuell eng Zousatzfro ze stellen. An der Regierung sinn zéng Minutten zou.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Här President, ech mengen, datt ech dat haut packen.

Laïf Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, ech wollt effektiv nach eng Kéier op deen Dossier Google zrëckkommen, net fir nach eng Kéier dee ganzen Historique vun deem Dossier ze maachen, mee fir einfach ze héieren, wou mer am Moment dru sinn. An ech wëll



mech eigentlech do op eng Question parlementaire beruffen, déi ech dem Här Fayot de 24. November d'lescht Joer gestallt hat, wou ech scho gefrot hunn, wou mer dru wieren.

An den Här Fayot hat mer eigentlech do zwou ganz prezis Äntwerte ginn, op déi ech nach eng Kéier wëll zrëckkommen. Déi éischt war, wou e gesot huet, datt d'Modifikatioun vum PAG jo géif den Objet maache vun engem Recours. Wéi den Här Fayot mer dat géintwert hat, do war déi éischt Instanz verluer ginn, dat heescht en fait war d'Modifikatioun ugeholl ginn. Géint déi Decisioun war awer Appell gemaach ginn an den Här Fayot hat du gesot, et soll een elo mol ofwaarden, wat da géif bei deem Appell do erauskommen.

Entre-temps am Mäerz ass do gesprach ginn an den éischte Jugement ass nach eng Kéier bestätegt ginn, soudatt elo déi Modifikatioun vun deem PAG eigentlech definitiv ass.

Déi zweet Äntwert, déi den Här Fayot mer ginn hat, war, datt e gesot huet, all déi Prozeduren, déi missten do gemaach ginn, déi géife virulafen an dat géif och alles sai Wee goen.

An der Zwëschenzäit kann een awer iwwerall an der internationaler Press liesen, datt Google ganz aktiv amgaangen ass, och an anere Länner änlech Centres opzemaachen, notament bei eise belschen Nopere, wou net nëmmen ee Projet soll realiséiert ginn, mee méi. Och a verschiddene skandinavische Länner ass Google ganz aktiv an do ginn déi Projeten och ganz effikass virugedriwwen.

Duerfir wollt ech haut dem Här Fayot nach eng Kéier verschidden Aktualitéitsfroen zu deem Dossier stellen.

Éischters wollt ech froen, ob d'Regierung nach ëmmer dësem Projet eng absolutt Prioritéit gëtt.

Zweetens wollt ech wëssen, ob Google nach ëmmer interesséiert ass, dee Projet esou schnell wéi méiglech ze realiséieren.

Drëttens wollt ech dann awer wëssen, wéi et elo konkret virugeet, well jo eigentlech all déi Bedéngungen, déi den Här Fayot mer an der Äntwert op meng Fro ginn huet, an der Zwëschenzäit realiséiert sinn. Dat heescht, de PAG ass ugeholl.

Ech wollt also och froen: Wou si mer mat all deenen anere Prozeduren drun? Ech weess natierlech och, datt den Här Fayot do zum Deel net zoustänneg ass, mee ech ka mer awer virstellen, datt en do Bescheid weess. Notamment, wéi ass et do mat der Ëmweltetüd? Wéi ass et och do besonnesch mat der Waasseretüd, déi soll gemaach ginn? Et soll och nach eng Kaméidisetüd, eng Mobilitéisetüd gemaach ginn. Déi Etüd géife jo alleguer parallel virulafen. Et huet een awer do näischt Richteges méi dovun héieren. Duerfir wier ech och frou, wann den Här Fayot eis vläicht kéint kuerz soen, wou mer do um Niveau vun all deene Prozeduren dru sinn.

An dann nach eng Fro: Wann een esou d'Press liest, kritt een ëmmer erëm ze héieren, datt déi Etüden anscheinend net esou schnell viruginn, well ganz einfach Google net mat den Informatiounen erbaikënn. An duerfir och do meng Fro: Ass dat richteg, datt Google net déi Informatiounen gëtt? A gëtt et eventuell do e Grond?

An dann eng lescht Fro, déi dann direkt mat der Aktualitéit ze dinn huet, dat ass déi, datt mer wëssen, datt dat doten e Projet ass, deem extreem energieintensiv ass, notament och wat d'Elektresch betrëfft. Duerch déi Energiekris, an där mer sinn, risquéiert dat eventuell och en Impakt op d'Realisatioun vun deem Projet ze kréien.

Voilà déi Froen an, Här President, ech mengen, ech sinn exzellent an der Zäit.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Dat war virbildhaft, Här Mosar.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Merci, Här President.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** | Jo, merci dem Laurent Mosar fir seng Fro. Et ass jo net déi éischt Fro, déi e stellt zum Projet Google. Et ass en Dauerbrenner hei an der Chamber. Ech hu se net gezielt, mee et sinn awer eng ganz Rei iwwert déi Joren, déi gestallt gi sinn.

Mir hu jo natierlech och nach aner flott Projeten, iwwert déi manner geschwat gëtt an déi realiséiert ginn, wéi zum Beispill de Projet vu Goodyear „Factory of the Future“, déi ech muer de Pleséier hunn anzeeweie mam Prënz Guillaume; e ganz flotte Projet, deem och wegweisend ass fir d'Industrie 4.0, och vun enger grousser amerikanescher Entreprise, iwwert déi manner geschwat gëtt. Mee gutt, dat ass eeben esou, wa Saache gemaach ginn a wa se ouni Problem rëtschen, da si se manner interessant wéi déi, wou et e bësse méi schwierig ass. Dat ass esou.

De Projet Google ass nach wie vor e Projet, deem natierlech approuvéiert gëtt vun der Regierung, dee wegweisend ass, well e ganz gutt erapast an eis Strategie vun Digitaliséierung, vum Ausbau vun enger Datenökonomie, deem also, wéi gesot, extreem gutt passt op dat, wat mer amgaang sinn ze maache bei eis. Och d'Gemeng Biissen steet weiderhin hannernt deem Projet.

Dee Projet ass natierlech wéi all anere Projet, dee muss déi verschidden Etappen duerchlafen, deem all Projet hei muss duerchlafen am Respekt vun eisem legale Kader, vun eise Prozeduren an eise Reegelen. En huet eng Partie Etappen duerchlaf, ech ginn déi elo net méi hei duerch. Dat hu mer schonn a vergaangene Seancen des Éftere gemaach. Dir kennt déi och allegueren. Mee de Fait ass, dass effektiv déi Prozedur do pendante war, dee Recours vum Mouvement écologique, deem elo an zweeter Instanz uganks Mäerz dunne definitiv rejetéiert gouf. Dat heescht, de Mouvement écologique huet dee Recours net gewonnen.

Et ass awer esou, dass dat dräi Joer gedauert huet, bis Google do eng Rechtssécherheet hat, wat dee Projet do ugeet, a se och eng Confirmatioun kruten, dass se dat op deem Terrain, dee se kaf hunn, dann och effektiv dierfte bauen.

Bon, elo ass d'Fro: Wou ass dee Projet Google elo haut drun? Et ass esou, dass nodeems d'Urteil en appel do erausgaangen ass, mer Kontakt opgeholl hu mat de Responsable vum där Firma, wéi mer dat och schonn an der Vergaangenheet reegelméisseg gemaach hunn. Mir sti reegelméisseg am Echange mat Google. An elo, wou all déi juristeschen Recoursen natierlech epuiséiert sinn, ass eigentlech de Wee jo fräi, fir dass Google déi nächst Etappen an der Prozedur kéint an Ugrëff huelen. An anere Wieder: De Ball läit en fait elo am Feld vu Google, fir déi Initiativen ze huelen.

Ech kann Iech allerdéngs haut net soen, wéini dës nächst Schrëtt wäerte gemaach ginn a wéini déi nächst Etappe wäerten duerchlaf ginn. Wéi gesot, déi Prozeduren duerch zwou Instanzen viru Geriicht hunn elo bal dräi Joer gedauert. Dräi Joer, dat ass e laangen Dag dans l'absolu, mee awer virun allem an der

Datenökonomie, wou et ganz schnell evoluéiert, wou et ganz schnell weidergeet, wou d'Welt sech e bësse méi séier dréit wéi soss an der Wirtschaft. An et muss een dat einfach constatéieren, dat sinn dräi Joer, déi dat gebraucht huet, 36 Méint, ëm déi hei dee Projet do duerch déi Gerichtsaffär en fait retardéiert ginn ass.

Google ass eng weltwäit Entreprise, déi strateegesch plangt, déi op verschiddene Plazen Terrainen kaf huet, wou se hir Projeten ëmsetzt au fur et à mesure, wou se dat ka maachen, wou se gréng Luucht kritt a wou se dann och jugéiert, dass dat dee Moment zu engem gewëssenen Zäitpunkt adequat ass.

Mir gesinn, dass Google entre-temps am Ausland eng Rei aner änlech Projeten ugekënnegt huet an och schonn zum Deel gebaut huet. Besonnesch an der Wallonie huet Google investéiert. Am Kontext vun deenen Investissementen an eiser Nopeschregioun ass dovun ausgezogen, dass Google déi strateegesch Importenz an Ausrichtung vum Projet hei zu Lëtzebuerg iwwerschaaft a sech och nei opstellt. D'Wallonie ass net wäit vun eis ewech an dofir ass et, mengen ech, evident, dass do warscheinlech strateegesch nei Iwwerleeunge komm sinn, och wat Biissen ugeet.

Déi Echangingen – an och dat géif ech gäre betounen –, déi ech mat Google hat, déi meng Ekippe mat Google haten, loosse awer net dorop schléissen, dass de Projet zu Lëtzebuerg sech net wäert realiséieren.

Mee ech verstinn de Betrib, dass en de Projet virun deem Hannergrond elo als Éischt nei bewäerte muss, ier e mat engem konkreeten Investitiounsplang op eis zoukomme wäert.

Ech wëll awer nëmmen drun erënneren, dass wa Google ieren deem Datenzentrum do net géif bauen, de Staat e Virkafrecht op deenen Terrainen huet, an zwar mat Akafspräis. Mee, wéi gesot, déi Fro stellt sech haut nach net. Ech bleiwen zouversichtlech, dass de Projet Google sech wäert zu Biissen realiséieren. Op alle Fall wäerte mer ganz kloer weiderhin an déi Richtung schaffen an och weiderhi mat der Entreprise a Kontakt bleiwen iwwert déi nächst Méint.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Wirtschaftsminister. Den Här Mosar huet nach eng Zousatzfro.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Jo, well ech jo nach vill Zäit hunn, Här President.

**M. Fernand Etgen, Président** | Absolutt. Dir sidd wierklech haut Virbild hei.

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** | Ech hunn och nach e bëssen Zäit.

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech wëll dat widderhuelen.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Wann dat dann unhält. Här Minister, merci mol fir Är Äntwerten. D'ailleurs muss ech soen, normalerweis ass een als Deputéierten ëmmer relativ frustréiert, wann een hei Äntwerte vum Minister kritt. An dësem Fall ass dat net de Fall. Mee Dir hutt awer elo eng ganz interessant Ausso gemaach an ech wollt déi Ausso awer ...

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** | Ech sinn awer ëmmer ganz éierlech mat Iech, Här Mosar.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Ma ech weess dat. Ech appreciéieren dat och, Här Fayot. Duerfir wollt ech dat awer nach eng Kéier widderhuelen. Dir hutt also elo gesot, de Projet géif eng strateegesch nei Ausrichtung kréien, dat hunn ech op jidde Fall esou verstanen. An Dir géift och e bëssleche verstoen, datt déi misst kommen an dat géif warscheinlech en anere Projet ginn, wéi deem, deem ursprénglech geplangt war.

Dorausser ergëtt sech awer fir mech elo nach eng Kéier déi eng oder déi aner Fro. Dir hutt nämlech op eng Fro – dat war eigentlech och déi éischt – net ganz kloer geäntwert, nämlech déi, datt ech awer nach eng Kéier gär vun Iech géif wëssen, ob wierklech déi ganz Regierung nach ëmmer honnertprozenteg hannernt deem Projet Google steet. Dat wär also meng éischt Fro.

An dann zweetens: Wat heescht dat elo, eng strateegesch nei Ausrichtung vun engem Projet? Gëtt dat e komplett anere Projet? Gëtt dat einfach méi e kleng Projet? Ech mengen, dat wär awer net onwichtig ze wëssen. Et wier och net onwichtig ze wëssen hei fir d'Chamber.

An dann déi drëtt Fro: Dir hutt elo gesot, de Staat hätt weider d'Virkaftsrecht op déi Terrainen, wat jo eigentlech a sech eng gutt Saach ass. Do ass awer d'Fro: Wéi laang waarde mir dann eventuell oder waart d'Regierung, bis deen dote Projet dann awer elo eng Kéier realiséiert gëtt? Well ech mengen, ech brauch Iech dat net ze soen als Wirtschaftsminister, et si ganz vill Betriber, déi frou wäeren, wa se kéinten Terrainen kréien, op deene se kéinten aner Aktivitéite maachen. An duerfir, mengen ech, wär et elo net gutt, wann déi Terrainen hei géife während Jore broochleien, fir datt eventuell zum Schluss näischt méi dorobber geschitt.

Merci fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert zrëck un de Wirtschaftsminister.

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** | Jo, ech sinn ëmmer frou, wann den Här Mosar net frustréiert ass. Dat ass ëmmer eng gutt Saach. Ech probéieren dofir och ëmmer, ganz komplett an och ganz transparent hei ze kommunikéieren an der Chamber.

Ech hunn Iech dat gesot: Dee Projet ass nach wie vor e strateegesch Projet fir d'Regierung. Am Kader vun eiser Strategie, fir eng staark digital Economie opzebauen, passt dee Projet do ganz gutt dran.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | An d'Regierung steet honnertprozenteg dohannert?

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** | An d'Regierung steet hannernt deem Projet. Et ass awer esou, dass mer net all Regierungsrout iwwert de Projet Google schwätzen. Mee ech gesinn net, dass do en „change of mind“ komm wär, wat de Projet Google ugeet.

Ech loosse mer awer och net gäre Wieder an de Mond leeën, déi ech net gebraucht hunn. Ech hunn net gesot, dass Google eng strateegesch Neiausrichtung vun deem Projet do gemaach huet. Ech hu just gesot, dass et mech net géif iwwerraschen, dass aus vu vun anere Projeten, déi an eiser Nopeschregioun, an der Wallonie, realiséiert goufen, dat kéint de Fall sinn. Ech weess dat awer net. An dat sinn Diskussiounen, déi ech muss mat Google féieren iwwert

déi nächst Wochen a Méint. An et ass och evident fir mech, dass do irgendwann eng Kéier elo muss eng Decisioun kommen. Well ech si ganz bei Iech, dass et en fait och net gutt wär, wann dat doten elo nach géif jorelaang trainéieren.

Mir hunn effektiv e grouse Besoin un Industrieland hei bei eis am Land an ech mengen net, dass et eng grouss Akzeptanz géif kréien, wann dat dote sech elo géif ze vill laang hinzéien. Dofir sinn dat Gespréicher, déi mer elo mussen mat Google féieren.

Wéi gesot, ech weess dat net, mee et géif mech net iwwerraschen, wann dee Projet haut, wann en da realiséiert gëtt, eng aner Nues hätt wéi déi, déi en am Ufank hat, wéi Google dat ugeduecht huet. Wéi gesot, dräi Joer sinn einfach e laangen Dag an där Economie vun den Daten a vun der Digitalisatioun, an dofir muss een déi ganz Diskussioun elo nach eng Kéier nei ufänken a kucken, wou Google drun ass. An da sinn ech och iwwerzeegt, dass mer do relativ schnell zu enger Konklusioun kommen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Wirtschaftsminister Franz Fayot.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung si fir de 17., 18. an 19. Mee virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 16.17 heures.)*

## 53<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Marc Spautz, Vice-Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

### Sommaire

#### 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 24

M. Fernand Etgen, Président

#### 2. Communications ..... p. 24

M. Fernand Etgen, Président

#### 3. Ordre du jour ..... p. 25

M. Fernand Etgen, Président

#### 4. 7965 – Projet de loi portant approbation de l'Avenant à la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique en vue d'éviter les doubles impositions et de régler certaines autres questions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole final y relatif, signés à Luxembourg le 17 septembre 1970, tels que modifiés par les Avenants du 11 décembre 2002, du 16 juillet 2009 et du 5 décembre 2017, fait à Luxembourg, le 31 août 2021 ..... p. 25

Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. Guy Arendt

Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. Dan Kersch | M. François Benoy | M. Roy Reding | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7965 et dispense du second vote constitutionnel

#### 5. 7670 – Projet de loi modifiant :

1<sup>o</sup> la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'un Haut-Commissariat à la protection nationale ;

2<sup>o</sup> la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État ;

#### 3<sup>o</sup> la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

#### 4<sup>o</sup> la loi modifiée du 8 avril 2018 sur les marchés publics ..... p. 28

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : Mme Cécile Hemmen

Discussion générale : M. Léon Gloden | M. Guy Arendt | M. Charles Margue | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7670 et dispense du second vote constitutionnel

#### 6. Interpellation de M. Fernand Kartheiser au sujet de la Crimée, Donbass, Ukraine – quel futur pour la sécurité européenne ?

#### Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la position du Gouvernement face à la situation actuelle en Ukraine ..... p. 31

Exposé de l'interpellation : M. Fernand Kartheiser (dépôt des motions 1 à 3) (interventions de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, et M. Yves Cruchten)

Exposé de l'heure d'actualité : M. Claude Wiseler

Débat : M. Gusty Graas | M. Yves Cruchten | Mme Stéphanie Empain | M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Yves Cruchten) | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

Prises de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

Motion 1 : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | M. Fernand Kartheiser | M. Claude Wiseler | M. Sven Clement



Vote sur la motion 1 (rejetée)

Motion 2 : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Mme Nathalie Oberweis | M. Fernand Kartheiser

Vote sur la motion 2 (rejetée)

Motion 3 : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement | M. Claude Wiseler | M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Sven Clement) | M. Claude Wiseler | M. Fernand Kartheiser

Vote sur la motion 3 (rejetée)

## 7. Motion de M. Fernand Kartheiser concernant le fonds pour la reconstruction de l'Ukraine ..... p. 55

Exposé : M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes)

Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Discussion générale : Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement | M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Marc Goergen)

Vote sur la motion (rejetée)

## 8. Motion de M. Fernand Kartheiser concernant l'ouverture d'une Ambassade du Luxembourg à Kiev ..... p. 56

Exposé : M. Fernand Kartheiser

Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Discussion générale : M. Claude Wiseler

Vote sur la motion (rejetée)

## 9. Question élargie n° 138 de M. Laurent Mosar sur l'extradition de ressortissants luxembourgeois aux autorités de pays tiers ..... p. 57

M. Laurent Mosar | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | M. Laurent Mosar | Mme la Ministre Sam Tanson

## 10. Question élargie n° 126 de Mme Viviane Reding sur le rapport de la Commission européenne sur l'évolution du pouvoir d'achat des fonctionnaires de l'Union européenne ..... p. 58

Mme Viviane Reding | M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

## 11. Motion de M. Yves Cruchten concernant la fonction publique européenne ..... p. 60

Dépôt et exposé : M. Yves Cruchten

Vote sur la motion (adoptée)

## 12. Dépôt d'une motion par Mme Nathalie Oberweis ..... p. 61

Exposé : Mme Nathalie Oberweis

## 13. 7832 – Projet de loi portant approbation de l'Accord de protection des investissements entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République socialiste du Viêt Nam, d'autre part, fait à Hanoï, le 30 juin 2019 ..... p. 62

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile : M. Yves Cruchten

Discussion générale : M. Claude Wiseler | M. Gusti Graas | Mme Stéphanie Empain | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7832 et dispense du second vote constitutionnel (interventions de M. Sven Clement et M. Marc Goergen)

## 14. 7942 – Projet de loi portant approbation de l'Amendement à l'article 8 du Statut de Rome de la Cour pénale internationale (fait d'affamer délibérément des civils), fait à La Haye, le 6 décembre 2019 ..... p. 64

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile : M. Yves Cruchten

Discussion générale : M. Claude Wiseler | M. Gusti Graas | Mme Stéphanie Empain | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7942 et dispense du second vote constitutionnel

## 15. 7953 – Projet de loi portant approbation de l'Accord portant extinction des traités bilatéraux d'investissement entre États membres de l'Union européenne, signé à Bruxelles, le 5 mai 2020 ..... p. 65

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile : M. Yves Cruchten

Discussion générale : M. Claude Wiseler | M. Gusti Graas | Mme Stéphanie Empain | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7953 et dispense du second vote constitutionnel

## 16. Motion de M. Yves Cruchten concernant le renforcement des relations économiques, scientifiques et culturelles avec l'île de Taïwan ..... p. 66

Dépôt et exposé : M. Yves Cruchten

Vote sur la motion (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. Jean Asselborn, Mme Sam Tanson, M. Lex Delles, M. Franz Fayot et Mme Yuriko Backes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.28 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Nee, Här President.

## 2. Communications

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert. D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn. D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sëtzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Den Artikel 114 vun der Verfassung gesäit vir, datt en zweete Vott iwwer eng Verfassungsännerung duerch

e Referendum kann ersat ginn. Esou wéi et am Kapitel 22 vum Chambersreglement preziséiert ass, fënnt dëse Referendum statt, wa bannent zwee Méint méi wéi ee Véierel vun den Deputéierten dozou d'Demande mécht.

Den Här Fernand Kartheiser huet den 9. März 2022 als Député initiateur opgrond vum Artikel 189 vum Chambersreglement eng Demande fir e Referendum iwwer d'Proposition de révision du chapitre II de la Constitution Nummer 7755 agereecht. Bannent deenen zwee Méint ass dës Demande vu véier Deputéierten ënnerstëtzt ginn. Laut dem Artikel 191 vum Chambersreglement ass se deemno irrecevable.

### Communications du Président – séance publique du 17 mai 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

8002 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 mai 2014 relative au financement du Réseau national intégré de radiocommunications pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois en vue du financement des travaux d'extension et de perfectionnement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois

Dépôt : M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias, le 05/05/2022

8003 – Projet de loi portant fusion des communes de Grosbous et de Wahl

Dépôt : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, le 05/05/2022

8004 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant 1<sup>o</sup> dérogation temporaire à certaines dispositions en matière de droit du travail en relation avec l'état de crise lié au Covid-19 ; 2<sup>o</sup> modification du Code du travail

Dépôt : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 06/05/2022

8005 – *Projet de loi sur les transports spécifiques et modifiant les articles 1<sup>er</sup> et 12 de la loi modifiée du 5 février 2021 sur les transports publics*

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 12/05/2022

8006 – *Projet de loi autorisant l'État à participer au financement des travaux de construction du « Nouveau Bâtiment Centre »*

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 13/05/2022

3) *Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :*

2325 – *Demande de pétition publique : Stop Freedefeier! Feuerwerk! Feux d'artifices ! Firework!*

Dépôt : Mme Marie-Christine Basting, le 02/05/2022

2326 – *Demande de pétition publique : Prime de risque pour les agents de sécurité !*

Dépôt : M. João Carlos Sansana, le 03/05/2022

2327 – *Demande de pétition publique : Abolition du notariat*

Dépôt : Mme Jessica Costa Barbosa, le 03/05/2022

2328 – *Demande de pétition publique : Pour l'interdiction de l'apologie du communisme / Prohibiting the glorification of communism*

Dépôt : M. Jonathan Fonteyne, le 04/05/2022

2329 – *Demande de pétition publique : Fibromyalgie, eng Krankheet, déi duerch de ganze Kierper geet an hei am Land net unerkannt gëtt, obwuel et eng richteg Krankheet ass a ganz vill Leit drënner leiden*

Dépôt : Mme Melanie Reimen, le 05/05/2022

2330 – *Demande de pétition publique : Pour la flexibilisation des heures d'ouverture des commerces essentiels au Grand-Duché*

Dépôt : M. Abner Andrey Martinez Zamudio, le 08/05/2022

2331 – *Demande de pétition publique : Un pas vers l'indépendance énergétique du Luxembourg – Interdiction de nouvelles chaudières à gaz et au fioul*

Dépôt : M. Martin Petschko, le 10/05/2022

2332 – *Demande de pétition publique : Congé parental von neun Monaten*

Dépôt : Mme Michèle Senninger, le 11/05/2022

4) *L'article 114 de la Constitution prévoit que « le texte adopté en première lecture par la Chambre des députés est soumis à un référendum, qui se substitue au second vote de la Chambre [...] ». Conformément au chapitre 22 du Règlement de la Chambre des Députés, le référendum a lieu « si dans les deux mois suivant le premier vote de demande en est faite par plus d'un quart des membres de la Chambre ».*

M. Fernand Kartheiser, député initiateur, a déposé, le 9 mars 2022, une telle demande d'organiser un référendum sur la proposition de révision du chapitre II de la Constitution – n° 7755. Cette demande ayant été soutenue par quatre députés et conformément à l'article 191 du Règlement de la Chambre des Députés, elle est irrecevable.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, esou wéi d'Präsidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat deem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 4. 7965 – **Projet de loi portant approbation de l'Avenant à la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique en vue d'éviter les doubles impositions et de régler certaines autres questions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole final y relatif, signés à Luxembourg le 17 septembre 1970, tels que modifiés par les Avenants du 11 décembre 2002, du 16 juillet 2009 et du 5 décembre 2017, fait à Luxembourg, le 31 août 2021**

Den éischte Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 7965, en Avenant zur Konventioun tëschent Lëtzebuerg an der Belsch iwwert d'Duebelbesteuerung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

**M. Guy Arendt** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi lescht Joren, an dat ass dat mannst, wat ee ka soen, hunn eis staark markéiert. Et ass eng Ausso, déi eigentlech evident schéngt.

Am Ufank hate mir direkt e Lockdown an de Wee an d'Normalitéit huet sech laang gezunn. Eng einfach Aart a Weis, fir Kontakter ze beschränken, dat war den Teletravail. Sou huet ee villes, wann net alles, vun doheem maache kënnen. Dat war eng Mesure, déi relativ einfach ëmsetzbar war. Virun e puer Joer nach zimmlech ondenkbar, mee et huet awer geklappt. Si huet eng Balance erméiglecht, déi immens wichteg war am Kampf géint de Covid-19. Et ass awer och e Liewensstil, un dee vill Persounen sech gewinnt hunn an dee se elo och nach bäibehalen, dat obwuel de Gros vun de Restriktiounen ofgeschaaft gouf.

Ech hunn elo just gesot, dass den Teletravail relativ einfach ëmsetzbar ass. Fir d'Lëtzebuurger Residenten ass dat effektiv esou. Anescht gesäit et awer bei de Frontalieren aus. Wa bei hinnen d'Wierkung vläicht souguer nach e Stéck méi grouss ass, well se jo oft méi wäit fort wunnen a méi laang Trajete fir op d'Aarbecht hunn, gëtt et hei awer e Problem, an zwar dee vum Steiersätz. Wa Frontalieren nämlech physisch op Lëtzebuerg schaffe kommen, stellt sech d'Fro vun der Besteuerung vun hirem Revenu. Et ass evident, dass hire Lëtzebuurger Revenu hei zu Lëtzebuerg besteiert gëtt. Wann e Frontalier dann awer am Kader vum Teletravail am Land, an deem e wunnt, schafft, da stellt sech d'Fro, wou en da seng Steiere bezilt.

Fir dës Fro ze beäntweren, huet d'Lëtzebuurger Regierung d'Gespräch mat eisen Nopeschlänner gesicht. Während der Covidkris goufen d'Regelungen ganz ausgesat, esoudatt d'Frontalieren illimitéiert hu kënnen vun doheem aus schaffen, ouni missen an hirem Land, wou se wunnen, Steieren op hirem Revenu ze bezuelen.

Mir hunn awer och scho virun der Pandemie no Léisunge gesicht, fir den Teletravail an der Groussregioun ze erméiglechen. Laangfristeg ass et also d'Zil, e Seuil de tolérance festzehalen. Dat ass eng Zuel vun Deeg, déi e Frontalier bei sech doheem schaffen dierf, ouni dass en op eemol a sengem Residenzland steierpflichteg gëtt. Esou Accorden ze fannen ass

wichtig fir Lëtzebuerg, well et esou ville Leit erlaabt, fir vun doheem aus ze schaffen, ouni benodelegt ze sinn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, dass ech hei eng Kéier kuerz op déi verschidde Reegelungen mat eisen direkten Nopeschlänner aginn. Den normale Seuil de tolérance läit, wat Frankräich ugeet, bei 29 Deeg. Dës Limitt gouf, wéi scho gesot, während der Pandemie ausgesat. Den aktuellen Accord mat Frankräich gëllt nach bis den 30. Juni 2022. Et lafen de Moment Gespréicher, fir dës Limitt vun 29 op 34 Deeg ze erhéijen. Dat géif dann den zirka 110.000 franséische Frontalieren zugutkommen.

Den aktuellen Accord mat Däitschland gouf bis den 30. Juni verlängert a leeft dann aus. De generelle Seuil de tolérance, vun deem déi zirka 50.000 däitsch Frontaliere profitéieren, ass 19 Deeg. Mat Däitschland lafen och Gespréicher, fir eng dauerhaft Léisung ze fannen.

Den aktuellen Accord mat der Belsch leeft nach bis den 30. Juni. De Seuil de tolérance, vun deem déi 48.000 belsch Frontaliere profitéieren kënnen, gëtt dank dem neien Accord generell vu 24 op 34 Deeg erweidert.

De Gesetzesprojet, deen Iech haut presentéiert gëtt, gesäit d'Ramifizéierung vun dësem neien Accord mat der Belsch vir. De Projet ass den 9. Februar 2022 deposéiert ginn. Den Avenant selwer ass den 31. August zejoert ënnerschriwwen ginn an ännert also d'Konventioun, déi 1970 mat der Belsch gemaach gouf.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum 26. Abrëll keng Observatioun um Fong gemaach. D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum 15. Mäerz de Gesetzesprojet begréisst. Si géif sech awer och eng Harmoniséierung vun de Reegelen an der Groussregioun wënschen.

D'Chambre des Salariés huet eis hiren Avis eréischt mat Verspéidung erageschéckt. Dowéinst gëtt deen Avis net am schrëffleche Rapport ernimmt. D'Salariatskummer begréisst den Text och, mee erhofft sech, änlech wéi d'Handelskummer, eng Harmonisation vun de Reegelen. D'Chambre des Salariés freet och Steiererlicherunge fir Frontalieren, déi op den Teletravail zréckgräifen.

D'Detailer zum Avenant fannt Dir wéi gewinnt a mengem schrëffleche Rapport. Am Fong gëtt hei just eng Zuel, déi vum Seuil de tolérance, no uewen ugepasst. Anstatt 24 Deeg kann de Frontalier aus der Belsch heimadder da 34 Deeg Teletravail maachen, ouni seng Steierpflicht missen a sengem Land ze bezuelen.

Erlaabt mer awer schlussendlech nach, op d'Wichtigkeet vum Teletravail anzegoen. Den Teletravail erlaabt et den Employéén, sech besser ze organiséieren a manner Zäit am Transport ze verléieren. Esou huet ee méi Zäit fir d'Famill, de Sport, de Benevolat souwéi aner Hobbyen an et entlaascht och eis Infrastrukturen. Et ass also e relativ einfache Moyer, fir de Leit vill Liewensqualitéit ze ginn. Mir profitéieren domat also vun deem, wat d'Technik haut méiglech mécht.

Ech soen op dëser Plaz der Madamm Finanzministeresch Yuriko Backes an hire Beamten aus dem Ministère grad ewéi de Mataarbechter aus der Chamber an der Fraktioun Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht bei dësem Projet.

D'DP-Fraktioun gëtt dann och hiren Accord zu dësem Gesetzesprojet an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Rapporteur Guy Arendt.



An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar ageschriwwen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Jo, merci, Här President. Ech wëll och ufänke mat engem ganz grouse Merci un den exzellente Rapporteur Guy Arendt, deen eis nach eng Kéier de Mechanismus vum Teletravail mat eisen Nopeschlänner ganz gutt erkläert huet. Ech kann och direkt soen, datt mir den Accord zu dësem Projet wäerte bréngen. Ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir nach déi eng oder aner Fro un déi zoustänneg Ministesch ze stellen, manner wat elo dat Gesetz mat der Belsch ubetrëfft, wéi wat d'Situatioun par rapport zu Frankräich an Däitschland ubetrëfft.

De Guy Arendt huet virdrun zu Recht ënnerstrach, datt am Moment Diskussiounen lafen, well jo deen Accord mat Frankräich den 30. Juni soll auslafen. Do konnt een effektiv liesen, datt géif envisagéiert ginn, vun 29 op 34 Deeg eropzegoen. Duerfir wollt ech eigentlech hei d'Ministesch froen, wat do am Moment geplangt wier, wéini mer deen Accord dann och als Projet de loi wäerte kréien.

An deem Kontext wollt ech eigentlech och e bëssen op déi franséisch Aktualitéit an der Assemblée nationale agoen. Do ass nämlech e franséischen Deputéierten – ech huelen un, datt den Här Premier deen och gutt kennt, den Här Paluszkiwicz, en huet e bëssen e gelungenen, speziellen Numm –, deen eng Resolutioun an der franséischer Assemblée nationale deposéiert huet, déi anscheinend och ugeholl ginn ass an déi eigentlech géif virgesinn, datt all franséisch Frontalieren a sech kéinten zwee Deeg de façon permanente Teletravail maachen, ouni datt dat géif dozou féieren, datt se sech missten a Frankräich an der Sécurité sociale versécheren.

Ech wollt dat einfach nëmme froen, vu datt et am Moment an der Diskussioun ass an anscheinend och déi Resolutioun hire Wee schéngt ze goen.

Et muss een och wëssen: Deen Deputéierten ass Member vum Grupp vum Här Macron. Dat heescht, ech huelen un, datt en dat also net ganz ouni dem Här Macron säin Averstännis gemaach huet. Duerfir meng Fro un d'Madamm Ministesch: Wësst Der doriwwer Bescheid? Wéi ass eventuell do d'Positioun vun der Regierung, wann et zu esou enger Initiativ an der franséischer Assemblée nationale géif kommen?

An da wollt ech, an dat ass mäi leschte Punkt, op e Problem opmierksam maachen. Deen ass doudsécher der Madamm Finanzministesch bewosst. Deen huet domadder ze dinn, huet awer och mam Duebelbesteierungsokkommes zwëschent Lëtzebuerg a Frankräich ze dinn. Do ass et elo esou, datt ganz vill franséisch Frontalieren, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, duerch dat neit Duebelbesteierungsokkommes elo méi Steiere mussen a Frankräich bezuele wéi virdrun. An dat schéngt, wann een do gewësse Commentaire liest, souguer substanzuell méi ze sinn. Déi ginn also do desavantagéiert. Et kënn och derbäi, datt dat natierlech och d'Schaffen zu Lëtzebuerg manner attraktiv mécht, wann ee muss vill méi Steieren a Frankräich duerfir offéieren.

Duerfir och dozou meng Fro, Madamm Finanzministesch: Ass dat doten, déi Thematik, Iech bewosst? A kéint een net eventuell do nach eng Kéier kucken, am Kader vum Duebelbesteierungsokkommes déi Modalitéiten awer esou ze fixéieren, datt d'Frontalieren, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, net och nach dowéinst duerch hir Steierverwaltung penaliséiert ginn?

Dat gesot, bréngen ech hei nach eng Kéier den Accord vun eiser Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauscheren.

### Plusieurs voix | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Mosar. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, mir begrësse selbstverständlech dëse Gesetzesprojet, well et e Schratt no vir ass en faveur vum Teletravail fir d'Grenzgänger, notament déi, déi aus der Belsch kommen an déi bei eis schaffen kommen an déi, an dat wësse mer alleguerten, ganz weesentlech zum Wuelstand vun eisem Land bäidroen.

Gläichzäitig sollt een awer am Hannerkapp behalen, dass net alleguerten – virdrun ass de Chiffer vun 48.000 gesot ginn, oder ech géif och soen, et wäeren der schonn iwwer 50.000 an der Tëschenzäit – déi 50.000 Grenzgänger, déi aus der Belsch bei eis kommen, kënnen am gläiche Mooss vum Teletravail profitéieren. De Stateg huet an enger Etüd 2020 festgehalen, dass et virun allem d'Universitäre sinn, déi den Teletravail gebrauchen, 82 %, a bei deene Salariéen, déi de Secondaire-inférieur-Niveau hunn, sinn et just nach 38 %. Dat ass also en notabelen Ënnerschied.

Ech soen dat, well et einfach wichteg ass, well och schonn an der Diskussioun eng Rei Kéieren an de Raum gestallt ginn ass, dass mer Steiererlichterunge sollte maachen, déi iwwert déi real Käschte vum Teletravailleur géifen erausgoen. An duerfir sollt een a mengen Aen och oppassen, dass mer, wa mer esou Gedanke féieren, net Saache maachen, déi herno erëm zousätzlech Ongerechtegkeeten oder weider Ongerechtegkeete géife schafen. D'sozial Kohäsioun fënnt och op der Aarbechtsplaz statt, d'äers sollt ee sech ëmmer erëm bewosst sinn.

An natierlech – och well dat virdrun ugeschwat ginn ass vum Kolleg Mosar – wär et gutt, wa mer kéinten eng Harmonisatioun erreechen, eng Harmonisatioun tëschent allen eisen direkten Nopeschlänner, éischens emol, wat déi steierlech Erlichterungen ugeet. Aus engem ganz einfache Grond: well mer soss an d'Situatioun kommen, dass mer an deenen eenzele Betriber, déi engersäits mat Grenzgänger ze dinn hunn, déi aus Däitschland kommen, anersäits mat Grenzgänger, déi aus der Belsch kommen oder aus Frankräich kommen, dräi verschidde Regimier hätten. An dat ass net onbedéngt ganz gutt fir d'Stëmmung am eenzele Betrib a fir d'sozial Kohäsioun och am Betrib.

Duerfir wär et natierlech wëschenswäert, dass een eng harmoniséiert Léisung géif fannen, och um europäeschen Niveau. An duerfir begrëssen ech dat ganz speziell, wat den Här Mosar ugeschwat huet. Wann Ouverturen a Frankräich sech ofzeechen, da soll een déi Geleeënheet notzen, fir dat ze maachen.

An ausserdeem – dat war och nach eng Iddi, déi ech a vergaangen Zäite schonn eng Kéier virbruecht hunn – wär et natierlech gutt, wann een dat, wat mer um steierlechen Niveau hunn, géif harmoniséieren par rapport zu deem, wat mer och am Beräich vun der Sécurité sociale hunn. Do sinn et jo bekanntlech 25 %. Wa mer dat géife fäerdegbréngen um steierlechen Niveau, da wäer mer schonn e ganz gudde Schrëtt no vir.

Dat gesot, ginn ech natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun fir dëse Gesetzesprojet, deen e Schrëtt no vir ass. Merci villmools.

### Plusieurs voix | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kersch. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Benoy (déi gréng)** | Här President, Dir Dammen an Hären, ech wëll fir d'alleréischte dem Rapporteur, dem Guy Arendt, villmools Merci soe fir säi mëndleche wéi och säi schrëftleche Rapport, wou en ons déi gutt Mesure explizéiert huet, déi mir Gréng natierlech och ënnerstëtzen, fir en, ech nennen et en „Netduebelbesteierungsokkommes“ fir Frontalieren, dat hinnen elo d'Méiglechkeet gëtt, fir Teletravail ze maachen – fir belsch Frontalieren – an Zukunft fir 34 Deeg. Mir waren ëmmer bei 24 Deeg. Dat gëtt eis, allgemeng den Employéen, awer och den Employeuren, méi Flexibilitéit.

Den Teletravail ass eng Mesure, déi wierklech am Interêt ass vum Salaré an och vun dem Patron an déi de commun accord genotzt gëtt an iwwert den Aarbechtskontrakt respektiv den Avenant duerno festgehalen gëtt. An et gëtt wierklech ganz vill gutt Grënn, firwat dass déi Betreffen dovunner profitéieren. Et ass wierklech, mengen ech, och vill Potenzial am Teletravail, fir allgemeng d'Wuelbefannen ze verbesseren, sief et, fir dass ee méi Zäit huet, also méi Flexibilitéit huet an der Dagesgestaltung, wat grad wichtig ass, wann een eng Famill huet, awer och fir d'Ekonomie, fir dass méi produktiv ka geschafft ginn, also och besser Resultater kënnen erauskommen, also och méi Zefriddenheet op der Aarbecht existéiere kann, manner Absence an och manner Krankheet.

Déi positiv Nieweneffekter vum Teletravail kann een awer och nach vill méi wäit gesi wéi dat doten. Dat allgemengt Beispill vun der Pandemie ass genannt ginn. Grad Lëtzebuerg mat engem staarke Secteur tertiaire konnt doduerjer an der Ekonomie gutt weiderderrulle während der pandeemescher Zäit, déi mer hatten, an d'Leit konnte weider schaffen.

Et kann awer och eppes Wichteges sinn, fir de ländleche Raum weider ze dynamiséieren. Wann d'Leit an hirer Regioun bleiwen, da kënne se och do konsuméieren. Si kënnen d'sozial Kontakter weider verbessern. Et kann een doduerjer och den Drock vum Logementsmarché erfuehlen, well manner Bürosgebaier gebraucht ginn. Et hëlleft och, verschidde Leit besser an den Aarbechtsmarché ze integréieren. An e ganz wichtige Punkt sinn, mengen ech, och déi positiv Effekter op Ëmwelt a Klima duerch manner Stroumverbrauch engersäits, awer op där anerer Säit och duerch eng Reduktioun vun den Zärgasemissiounen, déi et gëtt duerch manner Verkéier.

Ech wëll och nach eng Kéier ee Chiffer nennen: Am Bankesektor goufen nämlech 27,7 % manner Stroum verbraucht an deem éischte Lockdown, dee mer hatten, duerch den Teletravail. Also an der Zäit vu Mëtt Mäerz bis Abrëll 2020 gouf, wéi gesot, an dem Bankesektor de Stroumverbrauch ëm 27,7 % reduzéiert duerch den Teletravail, dee gemaach ginn ass. A bei de Menagen ass en trotzdem relativ konstant bliwwen.

Ech wëll do och vläicht nach eng Kéier soen: Wann den nationale Mobilitéitsplang bis 2030 seet, dass mer bis dohinner wäerte 40 % méi Beweeungen hunn, dann ass et ganz kloer, dass och den Teletravail an där doter Optik net ze negligéieren ass.

Mir sollen awer net blann sinn: Mir brauchen natierlech och an Zukunft nach en Droit à la déconnexion. An ech muss och dat ënnersträichen, wat den Dan Kersch gesot huet: Et gëtt ënnerschiddlech Schaffkonditiounen, also net jiddwereen huet déi nämmelecht Chance, fir vum Teletravail kënnen ze

profitéieren. An et gëtt och e gewëssene Risiko fir eng Verschäerfung vun de Geschlechterrollen, déi schonn och present sinn, engersäits an der Opdeelung doheem, awer och an deene verschiddenen Aarbechtsmarchéen.

Teletravail ass also keen Allheilmittel, mee et gëtt en immens grouss Potenzial, fir e weider auszubauen an en och ze flexibiliséieren. Do ass ee Punkt natierlech, dass ee ka soen, dass jiddwereen d'office d'Méiglechkeet kéint hunn, wa seng Aarbecht et natierlech erlaabt, fir e gewëssenen Undeel un Teletravail ze notzen.

An en anere Punkt ass deen – dat ass och dat, wat mer haut hei maachen –, dass mer fir d'Frontalieren d'Steieraccorde weider ausbauen, fir dass si, déi eeben och méi e wäite Wee hu fir op d'Aarbecht, och nach méi kënne vum Teletravail profitéieren.

Zu Lëtzebuerg erwidere mer dat elo haut hei mat der Belsch op 34 Deeg. Frankräich wäert och op 34 Deeg goen, also fir de franséische Frontalier gëtt och dru geschafft, dass mer do och op 34 Deeg Teletravail ginn. An Däitschland si mer awer just bei 19 Deeg, wou déi däitsch Frontalieren d'Méiglechkeet hunn, fir Teletravail ze maachen.

An deem Kontext hätt ech dann och zwou Froen un d'Ministesch: Wéi gesäit et effektiv mat Däitschland aus? Do misste mer jo awer och kucken eropzuegoen op déi 34 Deeg Teletravail. D'Josée Lorsché huet dozou och eng Question parlementaire gestallt, op déi mer awer nach keng Äntwert kruten. Dofir géif ech dann elo nach eng Kéier der Ministesch déi Fro stellen. D'Chambre de Commerce huet och an hirem Avis gesot, dass mer sollten a Richtung vun enger Harmoniséierung goe mat eisen Nopeschlänner.

Wéinst de positiven Effekter wollt ech dann awer och froen, wéi d'Ministesch längerfristeg den Ausbau vun der Méiglechkeet fir eis Frontaliere gesäit, fir nach méi Teletravail ze maachen, also fir déi Steueraccorden nach weider auszubauen. Ab 54 Deeg Teletravail kennt jo dann och nach de Problem derbäi vun der Sozialversicherung, also dass nieft der Besteuerung dann och nach an dem Pays de résidence misst an d'Krankekeess cotiséiert ginn. Wann een also dat doten elo géif weiderdenken, da kéint ee soen, dass 54 Deeg also eigentlech den aktuell praktikabele Maximum wäeren, dee mer am Netduebelbesteierungsofkommes kéinte festhalen.

Also kéint dat jo och en Zil sinn, dat mer eis géife ginn, fir ze soen: Mir probéiere längerfristeg mat eisen Nopeschlänner – mir si jo e Land, dat vill op Frontalieren ugewisen ass –, dat Zil ze hunn, op déi 54 Deeg ze kommen, och eebe wéinst deene ville positiven Effekter. Dat géif da bedeuten, dass d'Frontalieren, déi zu Lëtzebuerg schaffen, eppes iwwer een Dag d'Woch kéinten am Teletravail schaffen, wouvun, mengen ech, jiddwereen eppes hätt. An ech hunn déi positiv Effekter vum Teletravail jo och virdru genannt.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Benoy. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Roy Reding.

**M. Roy Reding (ADR)** | Merci, Här President. Merci dem Guy Arendt fir säi glasklore Rapport. Et ass eng Binsewourecht, wa mer soen: „Net all Mënsch kann Teletravail maachen.“ De Constructiounsaarbechter, Kolleeg Kersch, ka keen Teletravail maachen. Also ass et ganz normal, dass déi kënne dovun profitéieren, déi eng Aarbecht maachen, déi ee ka vun engem Büro aus maachen, deen net am Haaptbetrib ass.

(Interruptions)

Et ass eng Binsenwahrheit gewiescht. Mir felicitéieren eis hei alleguerten zu deem Text – mir och, a mir stëmmen deen Text mat –, mee et muss ee gesinn: Et ass net vill! Mir schwätzen hei vun annerhallwem Mount d'Joer, vun net emol dräi Deeg am Mount, net emol een Dag an der Woch. Et geet a mengen Aen einfach net duer. Et misst ee mindestens een oder zwee Deeg d'Woch kënne Teletravail maachen, wann een an där glécklecher Situatioun ass, dass een eng Aarbecht huet, déi ee ka vun doheem aus maachen.

Ceci étant dit, stëmmen mir als ADR dësen Text selbstverständlech mat. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Reding. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Ech mengen, de Roy Reding huet et gesot: Mir klappen eis hei alleguer op d'Schëller fir en Effort, deen eng Drëps op de waarme Steen ass. Wa mer wirklech wellen op d'Pist vun engem Teletravail goen, da mussen mer mat eise Partnerlänner vill méi fern nach eng Kéier negociéieren. Da mussen mer kucken, wat méiglech ass, mussen mer kucken, Alliéierter ze fannen an deene jeeweilege Parlamenten, an de jeeweilege Regierungen, an da wirklech iwwer Teletravail generell schwätzen.

Dat heiten ass sécherlech e wichtege Schrëtt. Et ass gutt, dass mer eis méi alignéieren. Et ass super, dass mer eppes méi kënne ginn. Mee schlussendlech ass et awer nach ëmmer relativ wéineg, wa mer wirklech iwwer eng Strategie vum Teletravail géifen nodenken.

Mir sinn nun emol an enger Welt ukomm, déi ëmmer méi digital ass, enger Welt, an där et also och fir ëmmer méi Beruffer – sécher net fir jiddwereen, mee fir ëmmer méi Beruffer – méiglech gëtt, à distance ze schaffen. D'Pandemie huet eis gewisen, wéi séier et a verschiddene Branché gaangen ass, wou et virdrun ondenkbar war, Teletravail ze maachen. An elo wëllt kee méi zrëck op de Büro.

Wa mer also och d'Aarbechtskräften zu Lëtzebuerg wellen halen, wa mer eise Betriber also och wellen hëllefen, attraktiv ze bleiwen an enger globaler Welt, da mussen mer hinnen och d'Méiglechkeete ginn, Teletravail zu attraktive Konditiounen ze offréieren. Duerfir ass dat heiten e wichtege Schrëtt, mee et kann net dee leschte sinn, well dat heiten ass wirklech just e ganz, ganz butzege Schrëtt a mir mussen vill, vill méi wäit goen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** | Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir d'éischt e ganz grouse Merci un de Rapporteur, den honorablen Deputéierte Guy Arendt, fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Et handelt sech hei, wéi gesot, ëm d'Ëmsetze vun engem Avenant zu enger Steierkonventioun mat eisem Nopeschland, der Belsch, respektiv, a fir méi genau ze sinn, zum Protocole final zu dëser Steierkonventioun.

Dës konkret Mesure geet zrëck op de leschte Sommer „Gäichel“ vum leschten August, wou dësen Accord zesumme mat der Belsch ënnerschriwwen ginn ass. D'Objektiv ass et, fir, wéi gesot, de Seuil de tolérance vu 24 Aarbechtsdeeg op 34 Aarbechtsdeeg

eropzesetzen. An anere Wieder bedeit dat, dass, soubal dësen Accord dann en vigueur ass, e Frontalier, deen an der Belsch wunnt an zu Lëtzebuerg schafft, an Zukunft 34 Deeg anstatt 24 Deeg, wéi bis elo, kann an der Belsch oder an engem aneren Drëtstaad, wou en da schafft, schaffen, ouni dass en zu Lëtzebuerg d'Besteierungsrecht um Salaire verléiert.

Dat sinn, fannen ech, ganz positiv Nouvellé fir den Employé, mee och fir den Employeur. Dat bréngt Flexibilitéit. Dat ass och virgesinn am Koalitiounsaccord, fir eeben den Teletravail an där Form ze promouvéieren.

Fir kuerz op déi eng oder aner Fro anzugeen, déi gestallt ginn ass: Mat Frankräich hu mer en Accord de principe. Bon, dat war och elo natierlech viru menger Zäit, mee et ass bei der leschter CIG (ndlr: Commission intergouvernementale franco-luxembourgeoise pour le renforcement de la coopération transfrontalière) am Oktober en Accord de principe festgehalen ginn, ënnerschriwwen ginn. Dat ass elo amgaangen nach diskutéiert ze ginn. Dat gëtt finaliséiert. Wéi séier dat elo weidergeet, do halen ech Iech selbstverständlech au courant. Ech ginn dovunner aus, dass dann och am Kontext vun deenen Diskussiounen, déi awer nach lafen, dann och kann iwwer déi Resolution, déi Der mentionéiert hutt, weiderdiskutéiert ginn.

Wéi gesot, soubal dat da weiderkomm ass, komme mer natierlech esou séier wéi et geet an d'Cofibu an da gitt Der do weider informéiert.

Wat d'Duebelbesteierungsofkommes mat Frankräich ugeet, do ass d'Conventioun ugepasst ginn, justement fir ze vermeiden, dass d'Leit a Frankräich dann esou vill méi Steiere solle mussen bezuelen. Dass se elo systematesch méi Steiere solle bezuelen, kréien ech gesot, ass net onbedéngt de Fall. Dat hänkt dann natierlech och vu Fall zu Fall of, wéi dat dann ass. Mee deen Accord ass den 1. Januar 2020 geännert ginn.

Et ass och geschwat gi vun Harmoniséierung. Ech mengen, dat géife mir och begréissen. Mir hunn dat jo elo fir d'Belsch a fir Frankräich, wou mer op 34 eropgaange sinn, 34 Deeg. Fir Däitschland ass dat nach net de Fall. Ech mengen, et ass mentionéiert ginn, do si mer nach bei 19 Deeg. Do hu mir effektiv d'Initiativ geholl, fir eis däitsch Homologen, emol à ce stade um Expertenniveau, och ze kontaktéieren fir ze kucken, wéi mer do kënne weiderkommen, justement fir dee Seuil dann och eropzesetzen, fir sech da méi a Richtung 34 vläicht ze beweegen. Do waarde mer op de Retour. Mee ech wäert dat och mat mengem Homolog an nächster Zäit eng Kéier uschwätzen.

Voilà, ech mengen, dat heiten ass elo ganz, ganz rezent, wou mer dann op 34 Deeg kënne eropgoen fir déi zwee Länner. Hei geet et haut dann haaptsächlech ëm d'Belsch, mee mat de Fransosen ass, wéi gesot, den Accord de principe scho ginn. Elo loosse mer dat emol a Kraaft trieden. A fir sech do a Richtung vun engem méi grouse Maximum ze beweegen, ech mengen, dat si Gespréicher, déi mer misste féieren mat eisen Nopeschlänner. Eis Nopeschlänner hu jo och nach aner Nopeschlänner a missten deem vläicht dann och Rechnung droen. Mee ech kann Iech versécheren, dass mir op alle Fall mat eisen dräi Nopeschlänner op deem Punkt wäerten a Kontakt bleiwen, am Interêt, wéi gesot, vun de Frontalieren aus eisen dräi Nopeschlänner a vum Teletravail.

Dofir soen ech Iech dann alleguerten e grouse Merci fir déi exzellent Zesummenaarbecht op deem Projet. An ech mengen, hei hu mer eng gutt Saach gemaach fir d'Frontalieren an den Teletravail. Ech soen Iech Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht, woubäi ech da verstanen hunn, dass dat de groussen Accord vun der Chamber fënnit.

Villmools merci.



**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmoos der Madamm Finanzministesche Yuriko Backes. D'Diskus-  
sion ass elo ofgeschloss.

Ier mer elo zum Vott kommen, wollt ech drun erënne-  
ren, datt ee sech op sengem Posten alogge muss, fir  
kënnen matofzestëmmen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Mir kommen elo zur  
Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7965. Den Text  
steet am Document parlementaire 7965<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7965 et dispense  
du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par  
procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dëse Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëm-  
men uegheoll.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse  
Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon  
Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen,  
MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo,  
Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane  
Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz,  
Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone  
Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty  
Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim  
Knaff, Claude Lambert et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana,  
Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten,  
Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan  
Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché),  
M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie  
Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard),  
M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue  
et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy  
Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitu-  
tionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

**5. 7670 – Projet de loi modifiant :**

**1<sup>o</sup> la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant  
création d'un Haut-Commissariat à la protection  
nationale ;**

**2<sup>o</sup> la loi modifiée du 9 décembre 2005 détermi-  
nant les conditions et modalités de nomination  
de certains fonctionnaires occupant des fonc-  
tions dirigeantes dans les administrations et  
services de l'État ;**

**3<sup>o</sup> la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le ré-  
gime des traitements et les conditions et moda-  
lités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;**

**4<sup>o</sup> la loi modifiée du 8 avril 2018 sur les marchés  
publics**

Als nächste Punkt um Ordre du jour kënn de Pro-  
jet de loi 7670, eng Adaptatioun vum Gesetz iwwert  
d'Schafe vum engem Haut-Commissariat à la protec-  
tion nationale. D'Riedezäit ass nom Basismodell fest-  
geluecht. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice vun

dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Cécile  
Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Institutions et de la  
Révision constitutionnelle**

**Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice** | Merci,  
Här President. Här Minister, Madamm Minister, léif  
Kollegen, léif Kolleginnen, ech maachen Iech haut  
de Rapport iwwert de Projet de loi, an deem et ëm  
d'Adaptatioun geet vum Gesetz iwwert den Haut-  
Commissariat à la protection nationale, an deem  
d'Funktiounen zum Deel juristesche verankert ginn an  
an deem am Allgemengen och Modifikatiounen vum  
dësem Haut-Commissariat virgesi sinn.

Ech ginn am Ufank op déi verschidde Grënn fir den  
Depot vun dësem Projet de loi an, ouni dobäi awer  
e méi geneeën Exposé vun de Servicer vum HCPN ze  
vergiessen. Duerno zielen ech Iech déi verschidden  
Antecedenten op, ier ech méi genee op de Contenu  
vum Projet de loi ze schwätze kommen.

De Projet de loi mat der Nummer 7670 ass aus ver-  
schiddene Besoinen eraus entstanen. Virun allem  
war et néideg, dass d'Grënnungsgesetz vum 23. Juli  
2016 vum Haut-Commissariat à la protection na-  
tionale adaptéiert gëtt, fir verschidde Funktiounen am  
Beräich vun der Anticipatioun, der Preventioun an der  
Krisegestioun festzehalen, dëst opgrond vun enger  
Recommandatioun vum Staatsrot, fir an dës Richtung  
ze goen.

Well déi dräi Servicer, d'ANSSI, de CERT an den SCC,  
déi et dem HCPN erlabe sollen, seng nei Funktiounen  
auszeüben an op déi ech duerno méi am Detail  
aginn, schonn ënnert der Responsabilitéit vum Haut-  
Commissariat ausgefouert ginn, mee dat op Basis  
vun dräi Arrêtés grand-ducaux an net op Basis vun  
engem Gesetz, soll genee dat elo vum Projet de loi  
geännert ginn. D'Verankerung am Gesetz gëtt deem  
Ganze méi legal Soliditéit a soll juristesche Onsécher-  
heete verhënnern.

Ech wëll op dëser Plaz och kuerz op d'Raison d'être  
vun deenen eenzele Servicer an hir Missiounen  
agoen. D'ANSSI, d'Agence nationale de la sécurité des  
systèmes d'information, üübt hir Missiounen aktuell  
op Basis vun engem Arrêté grand-ducal an ënnert der  
Responsabilitéit vum Haut-Commissariat aus.

Hir Missioun si strateegesch Natur a schreiwe  
sech an an de Kader vun der Gouvernance vun der  
Sécherheet vun net klassifizéierte staatlechen Infor-  
matiounen. An heibäi definéiert d'ANSSI d'Politik an  
och d'Lignes directrices am der Sécherheet vun den  
Informatiounssystemer beim Staat. Si soll also op  
preventiver Basis d'Sécherheet vun den Netzwierker  
an de Systemer mat staatlechen Informatiounen, déi  
erëm vun ëffentlechen Administratiounen a Servicer  
benotzt ginn, garantéieren.

Doriwwer eraus kann d'ANSSI, wann dat ugefrot gëtt,  
och de verschiddenen ëffentleche Servicer, déi Hëllef  
ufroen, bei der Ëmsetzung vu Sécherheetssystemer an  
de verschiddenen Informatiounsberäicher assis-  
téieren.

Hir Missioun gi komplementär zu allen aneren  
Acteuren am Sécherheitsberäich ausgeübt, wéi  
zum Beispill dem CERT. Fir et op de Punkt ze bréngen:  
D'ANSSI ass fir d'Strategie vun der Sécherheet zou-  
stänneg, déi um Terrain vun aneren Acteuren, wéi och  
dem CTIE, ëmgesat gëtt. De CERT gouvernemental,  
de Centre de traitement des urgences informatiques,  
ass den Zenter, dee fir d'Gestioun vun der Sécher-  
heet vun den Informatiounssystemer a Réseau vun  
de staatlechen Administratiounen a Servicer souwéi  
och vun anere staatlechen Autoritéiten, ëffentlechen

Etablissementer a kriteschen Infrastrukturen zoustän-  
neg ass.

De CERT ass am Géigesaz zur ANSSI eng operatio-  
nell Struktur an ass kompetent fir den operationelle  
Volet vun der staatlecher Sécherheet a soll um Terrain  
Cyberattacken detektéieren an eng Reaktioun op dës  
Attacque préparéieren. Duerfir ass eng spezialiséiert  
Ekip um Terrain zoustänneg.

De CERT gouvernemental versammelt ënnert sech net  
nëmme de CERT militaire, dee fir d'Gestioun vu Sé-  
cherheitsvorfäll op militäresche Reseauen a Systemer  
vun der lëtzebuerger Armée zoustänneg ass, mee  
och de CERT national, dee fir d'Notifikatioun vu Sé-  
cherheitsvorfäll um nationalen Territoire zoustänneg  
ass. Wichteg ass och hei ze bemerken, dass de CERT  
ni direkt intervenéiert, mee d'Informatesch Ekip um  
Terrain assistéiert a beréit.

An de leschte Service ass dann den SCC, de Service de  
la communication de crise, deen 2016 entstanen ass.  
An den SCC huet als Missioun, d'Kommunikatioun  
am Fall vun enger Kris an d'Hand ze huelen an do  
déi horizontal Kommunikatioun fir d'Populatioun an  
d'Medien ze garantéieren. De Service iwwerhëlt also  
déi ganz Kommunikatioun am Krisefall, wat him eng  
enorm wichteg Roll an der Krisegestioun gëtt. Den  
SCC soll awer och eng Kommunikatiounsstrategie  
entwéckelen, déi souwuel de preventive Volet wéi och  
d'Kommunikatioun während enger Kris ofdecke soll.

Nodeems de Projet de loi mat der Nummer 7670  
de 15. September 2020 vum Här Premierminister  
déposéiert ginn ass, ass den éischten Avis vun der  
Chambre des Fonctionnaires et Employés publics  
den 12. Oktober 2020 erakomm. D'Chambre geet an  
hirem Avis op déi Haaptmesuren an a mécht esou e  
kleng Recapitulatif vum Inhalt vum Projet de loi.  
Donieft wërft si awer och d'Fro op vun de Primes  
d'astreinte, wat d'Agente betrëfft. Dës Primme sollen  
deenen Agenten ausbezuelte ginn, déi mussen eng  
Permanence oder awer eng Presenz während de Kri-  
senzäiten assuréieren an dowéinst och ëmmer erëm  
erreechbar sinn, méi nach wéi an normalen Zäiten.  
Hei freet sech d'Chambre, wéi déi spezifesch Efforte  
vun deenen Agente bis elo belount gi sinn.

Duerno ass den Avis vum Staatsrot op den 9. Mäerz  
2021 déposiert ginn, wou verschidde Froen op-  
geworf gi sinn. No hire Considérations générales  
stellt déi héich Kierperschaft d'Struktur vum Haut-  
Commissariat a Fro. De Staatsrot stellt sech nämlech  
d'Fro, ob d'Erweiterung vun de Funktiounen vum  
Haut-Commissariat duerch déi am Gesetz verankert  
Servicer eigentlech déi opportuunest Struktur wier.  
De Rot bemierkt nämlech, dass d'Lois organiques  
vu staatlechen Administratiounen an der Reegel en  
Artikel enthalen, an deem all d'Missiounen an d'At-  
tributiounen vun der Administratioun oder de Servicer  
festgehalde ginn.

Fir de Staatsrot hätt een dat fir dëse Projet de loi och  
esou misse maachen, dat heescht, eng Dispositioun  
virgesinn, an där ee kloer seet, wéi eng Funktiounen  
déi dräi nei Servicer, den Haut-Commissariat ausübe  
kënnen. Dat wier fir d'Kohärenz an och fir d'Lieser-  
lechkeet vum Text vu Virdeel gewiescht.

Donieft stéisst de Staatsrot sech um Fait, dass de  
Projet de loi virgesäit, dass et um Legislatuer ass,  
dem HCPN d'Definitioun vun der genereller Sécher-  
heitspolitik ze ginn, obwuel d'Bestëmmung vun der  
Politik misst beim zoustännegem Ministère leien. Dës  
Attributioun géif géint d'Séparation des pouvoirs  
goen, wat géint déi fundamental Rechtsprinzipie  
vun engem Rechtsstaat ass. Dowéinst géif de Staats-  
rot eng Ëmformuléierung vun dësem Passage propo-  
sieren.

De Conseil d'État opposéiert sech och formell géint déi Dispositiounen, an deenen de Projet de loi virgesäit, dass d'Missioune vun der ANSSI an dem CERT kënnen erweidert ginn, woubäi onkloer Formuléierungen et esou ausgesäi loosene, wéi wann dës Erweiderung duerch eng einfach Demande vun éffentlechen Entitéiten oder awer kriteschen Infrastrukturen, déi elo net explizitt am Projet ernimmt goufen, méiglech wier. Dës dierft net sinn, besonnesch well dann eng Insécurité juridique géif entstoen.

A sengem Avis complémentaire vum 26. Oktober 2021 huet de Staatsrot all seng Oppositions formelles opgehewen, well d'Amendements gouvernementsaux konnte senge Kriticke gerecht ginn.

Den nächsten Avis war dee vun der Chambre de Commerce vum 10. Februar 2021. An deem huet d'Chambre de Projet de loi favorabel empfaangen, mee war awer der Meenung, dass verschidde Formulatiounen zu der Erweiderung vun de Missioune vun der ANSSI souwéi dem CERT misste klariéiert ginn. Donieft ass d'professionell Chamber och der Meenung, dass d'Dispositioun iwwert d'Traitements des données, déi néideg si fir d'Aféierung vun de Missioune vum HCPN, misst ëmformuléiert ginn, fir dass d'Servicer vun der ANSSI, dem CERT an dem SCC drënnerfalen.

De Rapport vum Projet de loi Nummer 7670 ass am Moie vum 2. Mee an der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle ugeholll ginn.

Wat den Inhalt vum Projet ubelaangt, gëtt hei virun allem d'Gesetz vum 2016 adaptéiert, dat den Haut-Commissariat à la protection nationale geschaaft huet. Dës Projet wäert dem Haut-Commissariat weider Funktiounen ginn, an dës an der Anticipation, der Preventioun an der Krisegestioun, a besonnesch der Krisegestioun um Niveau vun der Sécherheet vun den Informatiounen an der Behandlung vu Sécherheitsincidenten.

Fir dass den Haut-Commissariat all dës Funktiounen kann assureieren, gesäit de Projet d'legal Verankerung vun dräi schon existéierende Services ënnert dem Haut-Commissariat vir. De Projet schafft also eng legal Basis fir dës Services, fir dass den Haut-Commissariat seng nei effektiv Funktiounen all ausüben kann.

Wat déi verschidde Services ugeet, esou hunn ech Iech am Ufank vu menger Ried scho viles gesot. Dofir ginn ech an deem Deel nach just op de Rescht vum Inhalt vum Projet an.

Et ass awer vu grousser Virdeel, dass déi dräi Services an d'Gesetz vum Haut-Commissariat integréiert ginn, well esou kann d'Koordinatioun an d'Kollaboratioun tëscht de Services an deenen eenzelnen Acteuren, mat deene si zesummeschaffen, sech nach weider verbessern an am Fall vun enger Kris nach méi effikass Krisegestioun garantéieren.

De Projet de loi limitéiert sech awer net nëmmen op d'Erweiderung vun de Funktiounen vum Haut-Commissariat. Et geet an enger zweeter Linn och drëms, d'Notioun vun den „infrastructures critiques“ ze adaptéieren, also de kriteschen Infrastrukturen, fir dass mat dëser Notioun keng Infrastrukture méi couvréiert ginn, déi an normalen Zäiten als normal géifen ugesi ginn. Dës soll hëllefen, de Bou net ze breet ze spannen am Fall vun enger Kris an an der Definitioun nëmmen déi Infrastrukturen dran ze loosene, déi och an normalen Zäiten als kritesch ugesi ginn.

De Projet hält och Upassung vir um Niveau vun der Terminologie am legale Beräich vun der elektronescher Kommunikatioun, fir esou e kloer legalen Text ze hunn. Et ginn och Adaptatiounen gemaach, wat

d'Gesetz iwwert d'Marchés publics ugeet. Et soll dem Haut-Commissariat nämlech méiglech sinn, duerch eng begrenzte Prozedur, also ouni en Avis ze verëffentlechen, méi schnell ze agéieren a gréisser materiell Schied ze vermeiden.

Och soll den Haut-Commissariat vu senger Verflichtung entbonne ginn, e virgezunnene Avis vun der Commission des soumissions am Fall vun enger héijer Urgence mussen ze sollicitéieren. Well eng héich Urgence inkompatibel mat der Ufro vun esou engem Avis ass, besonnesch wann een dat aktuellst Beispill vun der Covid-19-Pandemie kuckt, muss den Haut-Commissariat kënnen ganz séier op d'Offere reagéieren.

Da gëtt et ganz zum Schluss och nach personell Verännerungen am Haut-Commissariat, déi duerch de Projet de loi an eiser Gesetzgebung verankert ginn. Méi genee gëtt de Poste vum Haut-Commissariat à la protection nationale adjoint explizitt festgehalten. Ausserdeem soll eng Permanence an der Direktioun vum Haut-Commissariat assuréiert ginn, dat heescht, dass ëmmer eng vun dësen zwou Persounen permanent um nationalen Terrain muss sinn. Fir d'Permanence- a fir d'Présenzobligatiounen ze entschiedegen, gesäit de Projet och eng Prime d'astreinte vun zwielef Point-indiciairé vir.

Ech si frou, Iech de Rapport vum dësem wichtege Projet de loi haut gemaach ze hunn. D'Erweiderung vun de Funktiounen vum HCPN duerch d'Verankerung vun deenen eenzele Services am Gesetz wäert d'Schaffen an och d'Geriieren vun enger nationaler Kris ëmsou méi effikass maachen. An och d'Modifikatiounen an de Marchés publics si wichteg, fir eng Kris séier an de Grëff ze kréien, an eng personell Opstockung ass eng natierlech Konsequenz vun dësen Erweiderungen.

Meng Fraktioun gëtt selbstverständlech den Accord zu dësem Projet de loi, an ech soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools der Madamm Rapportrice Cécile Hemmen.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Léon Gloden (CSV) |** Merci, Här President. Ech wëll och der Rapportrice, der Kolleege Cécile Hemmen, Merci soe fir de schrëftlechen an de mëndleche Rapport.

Här President, de Mëtteg maache mer eng Ännerung vum Gesetz zu dem Haut-Commissariat à la protection nationale. Wat ass den Haut-Commissariat à la protection nationale, Ofkierzung HCPN? Et ass kee Geheimdëngscht. Et ass och keng James-Bond-Agentur mat der „licence to kill“. Bien au contraire, den HCPN huet d'Lizenz fir ze hëllefen. A wa mer éierlech sinn, wa mer bis elo hei Ännerungen zu deem Gesetz gestëmmt hunn, da konnt keen dobassen e Gesicht op déi Institutionen setzen. Dat ass zënter der Covidkris an zënter den Iwwerschwemmungen anescht, well hei den HCPN maassgeblech dru bedeelegt war, ...

**Une voix | Très bien!**

**M. Léon Gloden (CSV) |** ... déi gutt, effikass Koordinatioun vun den Dëngschter ze maachen. An als Buergermeeschter vun der Stad Gréiwemaacher – lauschtet no, Här Premier –, hat ech de Privileeg, och mam HCPN zesummeschaffen, wéi mer de Covidzenter operéiert hunn zu Gréiwemaacher. An duerfir wëilt ech op dëser Plaz och dem Här Luc Feller an dem Här Bley mat der ganzer Ekipp Merci soe fir déi gutt an effikass Gestioune vun de Krisen.

**Une voix | Très bien!**

(Brouhaha)

**M. Léon Gloden (CSV) |** Wat sinn dem HCPN seng Missioune bis haut? Den HCPN huet op där enger Säit national Missioune, op där anerer Säit international Missioune. Ech wëll elo kuerz op déi national Missioune agoen. Dat ass éischstens d'Koordinatioun vun der Antiterrorbekämpfung, d'Preventioun an d'Gestioun vun den zivilen a militäreschen Krisen, an déi drëtt Missioun ass d'Protektioun vu kriteschen Infrastrukturen.

Wat ännert elo mat dësem Gesetz? D'Rapportrice ass am Detail drop agaangen, duerfir ginn ech elo hei weider net drop an. Am Fong ginn d'Servicer ANSSI, CERT an SCC, dat sinn alles Abreviatiounen, elo heider am Gesetz verankert. Mee de facto sinn déi Missioune scho virdrun exercéiert ginn.

D'ANSSI ass fir preventiv Sécherheet vun den Informatiounen an de Reseauen zoustänneg. Si gëtt do Ligne-directrices un d'Verwaltungen, fir dass déi Reegelen hunn, fir déi Reseauen kënnen ze schützen, well mir wësse jo, dass haut eng vun de gréisste Menacen op der Welt d'Cyberattaque sinn. De CERT ass zoustänneg fir d'Gestioun vun de Virfäll bei esou Reseauen an den SCC ass zoustänneg fir d'Kommunikatioun no bause bei Krisen. An da kritt och nach duerch dës Gesetz den Adjoint eng legal Basis.

Fir eis als CSV ass et wichteg, dass een a Krisen effikass kommunizéiert. Mir wëssen, dass do an de leschte Méint en Hickhack war, mat GouvAlert zum Beispill. Do krute mer versprach, dass dat géif reforméiert ginn. D'Iwwerschwemmungen hu gewisen, dass do nach Loft no uewen ass. A mir hoffen, dass d'Regierung do och elo zäitno déi verschidde Kommunikatiounsinstrumenter verbessert.

Dës gesot, ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Gloden. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Guy Arendt.

**M. Guy Arendt (DP) |** Merci, Här President. Ech soen och direkt der Rapportrice e grouss Merci fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass u sech schon alles gesot, souwuel vun der Rapportrice wéi och dem Léon Gloden, hien huet eng Partie Saachen erwäant. Hei geet et drëm, fir eise Sécherheitssystem zesummenzegruppéieren an em eng legal Basis ze ginn. Déi Aarbechten, déi gemaach gi si vun deenen Ekippen, déi si scho gelueft ginn. Ech géif se och vun hei aus luewen a Merci soe fir deen Asaz, dee se all déi Zäit haten.

An an deem Sënn géif ech och den Accord gi vun der DP-Fraktioun zu dësem Text.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Arendt. Da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Charles Margue.

**M. Charles Margue (déi gréng) |** Ech schlësse mech meng Virriedner un a soen dem Cécile Hemmen wirklech Merci fir deen technesche Rapport, deen awer ganz gutt virbruecht ginn ass. Ech schlësse mech och de Mercien un an déi Leit aus dem Haut-Commissariat fir dat, wat si déi lescht Jore geleescht hunn a speziell während allméigleche Krisen, déi elo grad ernimmt gi sinn.

D'Gesetz ass am September 2020 deposéiert ginn aus den Erfarungen eraus, dass Nobesserungen néideg waren, fir eng Base légale ze schafen, a virun allem, fir dass mer kënnen schnell reagéieren. Dofir ass dee



Punkt weesentlech, dass, wat de Cahier des charges ugeet, ka schnell reagiert ginn, fir dass mer eis net selwer an de Knéi schéissen, wa mer ze vill kompliziert opgestallt sinn.

Wéi gesot, ech ginn an deem Sënn och den Accord vun der grénger Fraktioun fir dese Projet.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Margue. An da kritt d'Wuert den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Villmools merci, Här President. An ech fänken och u mat engem grousser Merci un d'Madamm Hemmen fir e Rapport, dee méi komplett net hätt kënne sinn. Wéi esou dacks, wann een esou Debatten hei nolauschert, oder wann ech déi nolauschteren, da froen ech mech, wéi d'Zäiten dach änneren.

Ech erënnere mech, an den 90er-Joren, wéi de Kale Krich eriwwe war – wéinstens deemools –, dunn ass a verschiddene politesche Kreesser driwwer geschwat ginn, fir d'Arméi ofzeschaffen. An et ass net vun ongefëier, mengen ech, datt de Spriecher vun der CSV haut heihinnerkomm ass an eis d'Fro gestallt huet: „Wat ass den HCPN?“ Well an den 90er-Joren, wéi en ënnert der Autoritéit vun der CSV war, ass e jorelaang net reforméiert ginn. De Projet ass net virugaangen, d'Poste sinn net besat ginn. Och deemools huet et geheescht: „Esou eppes brauche mer dach guer net méi!“ Haut ass et gottseidank anescht an och d'CSV freet haut: „Wat ass den HCPN?“ Mir brauchen en!

Gutt. Ech wëll just soen, datt mer vläicht eng Struktur hei opriichten, bei där mer musse kucken, wéi se sech an der Praxis bewäert. Si ass extreem komplizéiert – esou gesäit et op jidde Fall aus – an net déi eenzeg! Well baussent dem HCPN gëtt et nach aner Strukturen am Staat, déi och alleguer eng Verantwortung hunn am Beräich vun der Cybersécherheet. A mir mussen einfach kucken, wéi sech dat an der Praxis bewäert an ëmmer erëm iwwerpräiwen, ob mer effikass genuch sinn.

Ech mengen, dat solle mer maachen, dat musse mer maachen. An dat gesot, wäerte mir dat als ADR op jidde Fall mat ënnerstëtzen. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Merci, Här President. Merci och der Rapportrice. Et ass eigentlech schonn alles gesot. Ech mengen, mir sinn eis eens heibannen, dass déi Missioun vum Haut-Commissariat an deene leschte Joren ëmmer méi wichteg ginn ass, an dofir och dese Projet de loi, dee mer begrëssen. Villmools merci fir dës Aarbecht. An natierlech luewe mer och all déi Efforten, déi gemaach goufen. Ech mengen, mir sinn eis eens, dass dat immens wichteg ass. A mir si ganz frou, dass d'Preventioun virun allem och als Haaptmissioun drasteet.

Dofir, mir begrëssen dat a mir wäerten dese Projet de loi natierlech matdroen. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, u Krisen an Erausfuereunge mangelt et jo an der haiteger Zäit sécherlech net. Grouss Feieren, Iwwerschwemmungen, Stierm, Cyberugréff, terroristesch Ugrëff, a jo, wéi mer elo wëssen, och Pandemië si Bedroungen, op déi sech Länner sollte virbereeden. An do därëf Lëtzebuerg net hannen ustoen!

D'Klimaverännerunge maache sech ëmmer méi bemierkbar a mir kréien esou lues alleguerten d'Konsequenze vun eisem schounungslosen Ëmgang mat eiser Ëmwelt ze spieren. Gläichzäiteg geet d'Weltbevölkerung ëmmer weider an d'Luucht, wat de Risiko vu Pandemien erhéicht, an d'Konflikter tëscht de Mënschen huele mat der Digitaliséierung nei Formen un.

Do ass et sécher net verkéiert, wa mer haut mam virleende Gesetzesprojet eisem Haut-Commissariat à la protection nationale an domadder och de Servicer vun der Agence nationale de la sécurité des systèmes d'information – dat ass déi ominéis ANSSI –, dem Centre de traitement des urgences informatiques CERT, op Englesch Computer Emergency Response Team, an dem Service de la communication de crise, dem SCC, eng stabil legal Basis ginn, déi, an dat hunn d'Virriedner jo gesot, aktuell feelt.

Et geet hei also manner drëm, um Fonctionnement vun dese Servicer eppes Grondleeëndes ze verännere, wéi dorëm, hir aktuell Fonctiounen emol endlech gesetzlech ze verankeren. An dat gëllt net nëmme fir d'Servicer, mee zum Beispill och fir de Poste vum Directeur adjoint um Niveau vum HCPN, e Poste, deem et am Organigramm schonn zanter 2016 gouf, deem am aktuelle Gesetz awer nach guer net existéiert. Sechs Joer!

Mir stinn hei also nees virun enger Situatioun, bei där op Regierungsniveau laanscht d'Chamber Entscheedunge getraff goufen, soudatt schlussendlech eng stabil Base légale gefeelt huet. An och dat ass u sech näischt Neits. Am Ufank hu mech esou Fäll nach immens opgereegt, well ech geduecht hunn, datt esou eppes dach guer net méiglech wier. Mee esou lues kréien ech den Androck, datt dat awer e bëssen eppes typesch Lëtzebuergesches ass an datt dat ausser mir och net vill Leit heibannen nach wirklech opreegt.

**Une voix** | Bravo!

**M. Sven Clement (Piraten)** | Well tëscht dem Moment, wou opfällt, datt d'legal Basis Lücken huet oder guer net do ass oder vläicht souguer national oder op EU-Niveau net verfassungskonform ass – a Beispiller gëtt et genuch –, an deem Moment, wou dann och tatsächlech e Gesetz gestëmmt gëtt, fir dese Problem dann endlech ze behiwen, verginn zu Lëtzebuerg gären emol e puer Joer, an deene vun engem Gefill vun enger Urgence näischt oder zumindest net vill ze spieren ass. Ëmsou méi frou sinn ech dann, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt dese Projet säi Wee gepackt huet an haut ka gestëmmt ginn.

An ech hoffen natierlech, datt déi vill aner Projeten, déi néideg sinn, fir bekannt Gesetzeslücken oder Problemer an aktuellen Texter auszebesseren, schlussendlech dann och nach hei ukomme wäerten.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État** | Här President, erlaabt mer, fir d'éischt der Madamm Hemmen Merci ze soen. D'Cécile Hemmen huet hei als Rapportrice e ganz detailléierte Rapport ginn an ass esou an den Detail gaangen, dass meng ganz Ried, an där ech och wollt op d'Haaptpunkten agoen zu den Textännerungen, elo superfetatoire ass, fir deem Term ze benotzen, deem hei an deem Haus jo vill benotzt gëtt.

(Brouhaha)

Ech wëll awer hei just vun der Geleeënheet profitieren, fir dem HCPN a stellverriedend dem Haut-Commissaire, dem Här Feller, awer och senger ganzer Ekip, Merci ze soen. Hei duerch dësen Text gi Saache klarifiéiert. D'Missioun si méi grouss ginn. Mir hu ganz vill Pläng jo och ausgeschafft, wa Krisensituatiounen sinn, wou mer meeschtens Solutions de facilité geholl hunn a gesot hunn, den HCPN, „c'est ceux qui s'occupent de tout dès qu'il y a des problèmes.“ De „P“ steet zwar fir Protektioun, mee et war ganz oft „pour les problèmes nationaux“, wou mer dann den Här Feller mat senger Ekip gefrot hu fir ze kucken, déi ze léisen.

Si hunn an der Covidsituatioun eng ganz, ganz grouss Zesummenaarbecht mat der Santé gelescht, fir déi ganz Impfzenteren ze organisieren. An an deene Momenter, wou et wirklech och dramatesch Situatiounen gi sinn, war ech och mam HCPN sur place, ob dat Iwwerschwemmungen oder Tornadoe waren, Momenter, wou ee wirklech alles verluer huet. An duerfir ass dat esou wichteg.

A gleeft mer, als Regierung si mer frou, op den HCPN kënnen zrëckzegräifen, fir d'Koordinatioun ze maache vun deenen Aarbechten, onkomplizéiert. A merci, duerch dësen Text geet dat och iwwert d'Marchés publics an deene Momenter, wou et eeben drëms geet, séier kënnen ze intervenieren, séier kënnen ze bezuelen an och Facilitéiten ze kréien. Duerfir merci fir déi grouss Zoustëmmung an dësem Haus.

Ech hätt léiwere, muss ech Iech soen, Här President, wann den HCPN ganz weineg Aarbecht hätt. Mee mir hunn déi lescht Jore gesinn, a leider bei méi Situatiounen, ob dat Ëmweltsituatiounen waren, déi dann eeben och Effete mat sech bruecht hu wéi Tornadoen, oder Iwwerschwemmungen oder eeben de Covid, dass mer frou waren, op eng Ekip wirklech kënnen ze zielen!

An ech insistieren: Ech si wirklech frou iwwert dee Choix, well dat war e Choix, deem de Premierminister gemaach huet, dee vum Här Feller a senger Ekip, déi en opgestallt huet, an ech sinn do ganz, ganz ze-fridden. Pas de regrets à avoir!

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7670.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7670 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen dann elo bei de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dese Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegoll.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Cécile Hemmen), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 6. Interpellation de M. Fernand Kartheiser au sujet de la Crimée, Donbass, Ukraine – quel futur pour la sécurité européenne ?

### Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la position du Gouvernement face à la situation actuelle en Ukraine

Den nächste Punkt um Ordre du jour vum haut de Mëtten ass d'Interpellation vum Här Fernand Kartheiser iwwert d'Zukunft vum der europäescher Sécherheet an d'Aktualitéitsstonn vum der CSV iwwert d'Positioun vum der Regierung géintwuer d'aktueller Situatioun an der Ukrain, déi mer zesumme behandelen.

An deem Kontext wëll ech erwänen, datt de Bureau vum der Chamber den Accord ginn huet, fir eng Visio-konferenz mam President Selenskyj ze organiséieren. Ech erlabe mer, Iech haut matzedeele, datt des Entrevue op Proposition vum ukrainesche President den 2. Juni moies um 10.00 Auer soll stattfannen.

Déi gemeinsam Riedezäit ass déi vum engem Modell 1 a vum der Aktualitéitsstonn. An ech elo géif direkt d'Wuert ginn un den Auteur vum der Interpellation, den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

#### Exposé de l'interpellation

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Här President, villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, zënter dem 24. Februar hu mir leider nees Krich an Europa. Dat ass schrecklech! Mee wat een dobäi awer iwwerrascht, dat ass, datt, wann ee verschiddene Politiker nolauschtert oder och a verschiddene Medie liest, wat do steet, da kéint ee bal mengen, datt bei verschiddenen esou eppes wéi eng Krichsstëmmung, heiansdo eng Krichsbegeescherung, opkënnt. Dat kann et net sinn!

De Krich ass ëmmer eppes Schrecklech, a wann een dann esou Theorien héiert, wéi de Krich müssen ze gewannen oder dee Krich esou laang müssen ze féieren, bis dee leschte russeschen Zaldot d'Ukrain verlooss huet, da muss ee sech froen, ob esou Aussoen och ëmmer matbedenken, wat dat fir Affer bedeit! Affer virun allem fir d'Ukrain a fir dat ukrainescht Vollek.

Eng Krichsrhetorik ass an eisen Aen eppes, wat on-moralesch, onrealistes, onvernëftig ass. Verschiddenes muss mer mol hannerfroen. Natierlech kann

een hannerfroen, wat dann iwwerhaapt d'Ziler vum esou engem Konflikt sinn. A verschiddener, zemoos am amerikanesche Kongress, schwätzen haut och ganz oppe vum engem Stellverriederkrich. Déi Iddi do derhannert ass, datt an der Ukrain soll Krich geféiert ginn, bis eebe Russland geschwächt ass oder de Krich verluer huet, wat dat och ëmmer soll heeschen.

Fir d'Ukrain sinn d'Krichsziler natierlech vill méi einfach ze definéieren. E Land, wat ugegraff gëtt, wiert sech, wëllt säin Territoire recuperéieren, huet awer och déi Tendenz, fir dat kënnen ze erreechen, eis alleguer, als NATO-Staaten, als Europäer, mat an dee Konflikt eranzeéien, wat ee ka verstoen, wat legitim ass. Awer och do muss mer en An drop halen, well et net onbedéngt an eisem Interessi ass.

Fir Russland ass dat natierlech och ganz komplex. Fir do d'Krichsziler ze definéieren, ass heiansdo méi schwéier nozevollzéien. Si schwätze vum Demilitariséierung an Denazifizéierung. Op där anerer Säit ass et eebe fir si sou: Si hunn zwou Republicken unerkannt, Donezk a Luhansk, do wëlle se dann den Territoire befreien. Si gesinn et och e bëssen als patriotesche Krich am Kontext vum der Verdeedegung vum enger russophon Minoritéit an der Ukrain. Also, do ass d'Lag esou, dass d'Krichsziler vill méi komplex sinn, wat et op där anerer Säit awer och vläicht méi einfach mécht, spéider bei Verhandlungen dat eent oder anert Element erauszehuelen. Well dorëm soll et u sech goen.

Wat heescht dat? Wéi kann een iwwerhaapt higoen an elo dee Krich do an diplomateschen Termen erfaassen? A wéi kann een dodrun erugoen?

Verschidde Saache si ganz onrealistes. Dat muss een einfach gesinn. Et ass onrealistes, datt Russland elo géif d'Krim fräimachen. Ech mengen, mir hunn et net unerkannt, mee déi ass säit 2014 de facto en Deel vum der russescher Federatioun, mat engem wichtege Krichshafen. Datt se dee géifen opginn, ass einfach onrealistes.

Mee mir müssen eis einfach froen: Wat kënnen mer elo maachen an där Situatioun mat ganz ënnerschiddleche Virstellung vum dem Sënn vum de Krichsziler? Wéi realistesch ass et, eng Léisung vläicht um Verhandlungsweg ze fannen? An ass de Krich net e Wee, dee mer net sollte weidermaachen, well einfach de Präis dofir mënschlech an och soss vill ze héich ass?

Et muss een einfach mat deser Interpellation, mengen ech, eng Paus maachen an deem Krichsklima, an deem mer elo sinn, an eis emol konzentréieren, e bëssen Distanz huelen an iwwerleeën, wat mer kënnen maachen.

De Krich bréngt onendlech vill Leed mat sech. Dat ass dat Alleréisch. A mir wëllen hei en Appell fir Fridde maachen an an deem Sënn rasonéieren. Mir wëssen och, datt et ganz schwéier ass, an esou Zäite wéi elo, wou eeben eng Krichsstëmmung existéiert, vu Fridde ze schwätzen. Mee ech mengen, et ass ganz wichteg, zemoos an esou Zäiten, et als eng mënschlech a politesch Pflicht ze gesinn, fir fir Fridde anze-trieden.

De Krich, dat ass einfach Misär, an et ass eis Aufgab, deem en Enn ze setzen. An de Wee zum Fridde dierf och net mat Feindbiller rasonéieren, mee e soll Stabilitéit op Basis vum Argumenter a vu laangfristegen Interesse bréngen. E muss en Ausgleich sichen, an deem all d'Krichsparteie sech erëmfannen.

Loosst eis vläicht direkt mat dräi wichtege Feststellungen ufänken. An ech mengen, déi si ganz wichteg an där ganzer Debatt an net aus den Aen ze verléieren. Déi éischt vum deene Feststellungen ass, datt den

Ugrëff vu Russland op d'Ukrain am Februar e Broch vum Völkerrecht war an ass. Deen hu mir all verurteilt an dat ass a bleift richtig. Mir gesinn dee ganze Misär an déi ganz Onmënschlechkeet, déi ee Krich auszeechen. Et sinn dee Misär, dat mënschlecht Leed an déi Nout, déi eis derzou féieren, de Krich als Mëttel vum der Politik net ze akzeptéieren. Un deem Prinzipp muss mir festhalen.

A senger Reaktioun huet Lëtzebuerg eng grouss Solidaritéit mat der Ukrain gewisen a vill Leit bei sech opgehol. Dorop kënnen mir houfreg sinn.

Déi zweet Feststellung ass, datt Krichsverbrieche, egal vu wem si begaange ginn, müssen opgekläert ginn an datt déi Responsabel, wann och nëmmen iergendwéi méiglech, mussen viru Gericht kommen. Och eist Land soll bei der Opklärung a Verfolgung vu Krichsverbrieche hëllefen. An dozou hu mer och eng Motioun virbereet, Här President, déi ech Iech heimadder iwwerreechen.

#### Motion 1

*D'Chamber vum den Deputéierten*

*stellt fest a bedauert zudéifst, datt*

*– am Kader vum der Ukrain-Kris grausam Krichsverbrieche geschéien,*

*ass sech bewosst, datt*

*– an engem Krich d'Völkerrecht a speziell d'Krichsrecht (jus in bello) leider dacks verletzt ginn, an dat mat on-mënschleche Konsequenzen;*

*– et sech an esou Fäll dacks ëm ganz komplex Situatiounen handelt, an deenen déi bedeelegt Krichsparteien en Interessi drun hunn, net ëmmer d'Wouerecht zouzeginn oder si esouguer ze verstoppen;*

*– datt eng vun alle Säiten unerkannten Opklärung vum esou Verbrieche wa méiglech duerch déi dofir zoustänneg an neutral international Organisatiounen wéi zum Beispill d'UNO an d'OSZE oder spezialiséiert Institutiounen soll geschéien, mat Bedeelegung vum alle concernéierte Krichsparteien, an datt déi verantwortlech Persounen zur Rechenschaft solle gezu ginn,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– an allen internationalen an dofir kompetenten Organisatiounen, an deene Lëtzebuerg Member ass, fir eng komplett an objektiv Opklärung vum de Krichsverbrieche an der Ukrain anzutrieden;*

*– sech am Kader vum hire Méiglechkeeten un internationalen Enquêtes zur Opklärung vum alle Krichsverbrieche an der Ukrain ze bedeelegen;*

*– mat derfir anzutrieden, datt Persounen, déi méiglecherweis Krichsverbrieche begaangen hunn, viru Gericht kommen.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Déi drëtt Feststellung ass, datt e Land, dat ugegraff gëtt, wéi et hei bei der Ukrain de Fall ass, dat onbestrident Recht huet, sech eleng an och kollektiv ze verdeeegen.

Dës dräi Feststellungen, esou wichteg se och ëmmer sinn, ginn awer net duer, fir eis Politik ze bestëmmen. Mir wëlle virun allem an d'Zukunft kucken. Wou sti mir haut? A wéi soll et virugoen? Wéi soll dat Europa vu muer ausgesinn?

De Krich bréngt all Dag Doud, Verdriewung a Misär. E bréngt d'Gefor vum Hongersnout a ville Géigenden op der Welt. E bréngt Aarmut, wirtschaftleche Réckgang, Zerstéierung vum Eegentum a ganze Wirtschaftsräim, Émuernunge vu globale Währungssystemer



an Inflation. E bréngt d'Gefor vun enger massiver militärescher Eskalatioun, geografesch a qualitativ, inklusiv dem méiglechen Asaz vu Massevernichtungswaffen.

E kann eng Destabiliséierung vun der russescher Federatioun auslösen, deemno wéi et geet. An och dat bréngt eng ganz Rei Geforen. Et bréngt nei laangfristeg Geforen an nei Allianzsystemer, déi sech géint de Weste richten. Déi westlech Politik an der Ukrain ass bei ville Staaten net populär. De Westen a seng Wäerter riskéieren doduerch, weltwäit un Afloss ze verléieren.

Alles dëst soll eis weisen, datt mir eis Politik mussen iwwerpräiwen, hannerfroen: Maache mir net grad eng Politik géint eis eegen Interessien?

Fir d'ADR ass kloer, datt mir ënnert dësen Ëmstänn de Wee vun der Diplomatie mussen privilegéieren. Mir brauche Verhandlungen, well si deen eenzege realistesch Wee sinn, fir esou vill wéi méiglech Mënschleien ze schounen an och esou vill wéi méiglech Territoire vun der Ukrain ze preservéieren.

Mee wou bleift d'Diplomatie, déi jo grad elo esou noutwendeg an onëmgängelech ass? Si ass net ze gesinn, oder bal néierens. Et gëtt vläicht eng kleng Hoffnung an der franséischer Baussepolitik duerch dem Här Macron seng Efforten. Awer dat ass am Abléck och scho bal alles. Dofir gesi mir awer Fotoe vu Ministeren, déi wéi Zaldoten zu Bréissel am Garde-à-vous opgereit sinn. Eisen eegene Bausseminister, den Här Asselborn, deen och hei ass, huet esouguer derzou opgeruff, de russesche President physisch ze eliminéieren! Dat alles entsprécht net eiser Virstellung vun Diplomatie.

Wéi solle mir der Ukrain hëllefen? D'ADR huet dozou schonn hei am Parlament kloer Propositionen gemaach. Mir wëllen eis bilateral, diplomatesch, ekonomesch an akadeemesch Relatiounen mat der Ukrain ausbauen.

Dozou, Här President, wollt ech Iech nach zwou Motiounen iwwerreechen. Wannechgelift.

### **Motion 2**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

– der ukrainescher *Ökonomie* duerch de Krich Milliounen un Aarbechtskräften feelen, während gläichzäiteg ëmmer méi ekonomesch Infrastrukturen zerstéiert ginn;

– déi ukrainesch *Zivillbevölkerung* besonnesch staark ënnert dëser Entwécklung leit;

– den ekonomeschen *Niddergang* vun der Ukrain och dramatesch Auswirkungen op déi international *Ökonomie* huet, besonnesch am Beräich vun der Landwirtschaft, wat zu Enkpäss bei der Liewensmëttelversuergung a ville Regione ka féieren,

*ass sech bewusst, datt*

– dës *Situatioun*, ëmmer méi dramatesch Ausmoossen unhëlt, ëmsou méi laang de Krich dauert;

– e *gudde Fonctionnement* vun der ukrainescher *Ökonomie* opgrond vum staarken Handelsaustausch mat der EU och am Lëtzeburger Interesse läit,

*fuerdert d'Regierung op,*

– d'Ukrain, bilateral an am Kader vun der EU, ekonomesch an humanitär ze ënnerstëtzen;

– sech derfir anzesetzen, datt, souwäit sënnvoll a méiglech, den Handelsaustausch mat der Ukrain um Niveau vun der EU administrativ vereinfacht gëtt;

– datt den Export vun Agrarprodukter aus der Ukrain iwwert d'EU ënnerstëtzt gëtt;

– der Ukrain duerch d'Bereetstellung vu *Prête* fir hir zivill *Ökonomie* an duerch Aus- a Fortbildungsmoossnamen, souwäit wéi méiglech och zu Lëtzebuerg, ekonomesch ze hëllefen.

(s.) *Fernand Kartheiser.*

### **Motion 3**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

– vill ukrainesch *Studenten* duerch de Krich hir Studien net méi an der Ukrain kënnen viruféieren oder als Auslandsstudente mat krichsbedéngte Problemer konfrontéiert sinn,

*ass sech bewusst, datt*

– et an der aktueller *Situatioun* wichteg ass, och déi be-  
traffenen ukrainesch *Studenten* ze ënnerstëtzen;

– op der *Universitéit Lëtzebuerg* scho vill jonk Leit aus der Ukrain studéieren;

– d'*Universitéit Lëtzebuerg* scho vill *Efforte* gemaach huet, fir ukrainesch *Studenten* an dat akadeemesch Liewen ze integréieren,

*fuerdert d'Regierung op,*

– iwwert déi nächst *zéng Joer* all Joer *Studentenbourse* fir ukrainesch Staatsbürger anzerichten, déi et jonke Leit erlaben, am Respekt vun hirer nationaler *Legislatioun*, zum Beispill iwwert de *Militärdéngscht*, zu Lëtzebuerg ze wunnen, ze liewen an ze studéieren, wa si dat krichsbedéngt net kënnen an hirer Heemecht maachen.

(s.) *Fernand Kartheiser.*

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser.**

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Mir wëllen der Ukrain eng kloer Perspektiv op eng Zukunft a Sécherheet a Wuelstand ginn. Mir müssen hëllefen, si nees opzebauen an deem Land seng rechtméisseg Plaz an Europa ze ginn. Anescht wéi hiren Numm et seet – „Ukrain“ heescht jo „de Bord“ –, misst d'Ukrain eng zentral Plaz an eiser Politik hunn, a keng um Rand. An deem Sënn huet d'ADR eng ganz Rei vun Initiative fir d'Ukrain proposéiert: en nationalen Neesopbau vum 100 Milliounen Euro, deen dann niewent deem europäesche géif funktionéieren, humanitär Initiativen a Studentenboursen, eng resident bilateral Ambassade zu Kiew, eng Lëtzeburger Participatioun u Friddensmissiounen an deem Land, souwäit déi vun alle Krichsparteie gewënscht ass, e generéisen Ëmgang mat ukrainescher Refugiéer, eng intensiv ekonomesch Kooperatioun, eng militäresch Hëllef mat net déidlechem Material – dorobber kommen ech herno zrëck –, eng Ënnerstëtzung bei Enquëten iwwer méiglech Krichsverbriechen.

A selbstverständlech wëlle mir der Ukrain och derbäi hëllefen, méi no bei d'Europäescher Unioen ze kommen, dat awer natierlech am Respekt vun alle Prozeduren an de Kopenhagener Krittären.

Deem géintwärt steet d'Politik vun der Regierung: Si ass aktuell leider eleng op Konfrontatioun ausgerichtet; dat ass op jidde Fall deen Androck, dee se gëtt, ouni sech vill Gedanken iwwert déi laangfristeg Konsequenzen ze maachen. Lëtzebuerg iwwert Waffen, eppes, wat déi gréng nach am Walkampf 2019 versprach haten, net ze maachen. Mir maachen eis domat zu enger Matkrichspartei.

Mir huele Sanktiounen, déi och eiser eegener *Ökonomie* an de Leit hei am Land kënnen a ganz héijem Mooss schueden. Mir alignéieren eis politesch komplett op eis transatlantesch Partner, déi an dësem Konflikt awer vläicht aner Interessie vertrieed wéi eis.

Wou bleiwen dann déi Ambitiounen, fir eng eegestänneg europäesch Baussen- a Sécherheitspolitik ze entwéckelen? Beweise mir net grad elo, datt all déi Virstellungen vun enger europäescher Souveränitéit illusoresch sinn? Mir wëllen eng Trupp vu 5.000 Leit opstellen. Mee d'Fro sief erlaabt: Firwat? A wie géif déi da wierklech kommandéieren? Wéi wär d'Verhältnis dann zu der NATO?

An der Europäescher Unioen gëtt eng Politik duerchgezunn, déi vu Staaten aus dem fréiere Warschauer Pakt an enker Koordinatioun mat eisen amerikaneschen a britteschen Partner gesteuert gëtt. Hei gëllt: Och déi Länner hunn net ëmmer déi selwecht Interessien an déi selwecht Agenda wéi mir!

Här President, et geet net duer, wéi dës Regierung et mécht, datt och mir eis an de Garde-à-vous stellen a riskéieren, blannemännerches mat a Richtung vun engem méi grouse Krich ze marschéieren. An der Vergaangenheet hu scho vill grouss Kricher domat ugefaang, datt een net matzäite gebremst a sech géint Automatismen gewiert huet.

Mir brauchen Diplomatie, och speziell eng Lëtzeburger Diplomatie. Et war begrëssenswäert, datt den Här Staatsminister probéiert huet, de Kontakt, och an dëser schwieriger Situatioun, mat der russescher Regierung ze halen. An deem Effort huet hien d'Ënnerstëtzung vun der ADR a mir bidden hien, domat net opzehalen.

Lëtzebuerg huet eng historiesch besser Relatioun mat Russland wéi vill aner europäesch Staaten. Esou eng Chance dierf een an der Diplomatie net aus den Ae verléieren. Lëtzebuerg soll sech kloer an den Déngscht vum Fridde stellen.

Här President, wat sinn d'Prekonditiounen vun enger gudder Diplomatie? Fir iwwerzeegend ze sinn, muss si absolutt éierlech sinn an am gudde Glawe bedriwwen ginn. Et geet also net duer, de Gesprächspartner op där anerer Säit mat senger Feeler ze konfrontéieren, mee et muss een och déi eege Feeler erkennen an agestoen. Seelen ass an enger Konfliktsituatioun déi ganz Schold nëmmen op enger Säit ze sichen.

Loosse mir vläicht fir d'éischt eis eege Glafwierdegkeet duerch zwou Froen iwwerpräiwen: d'Fro, ob mir net eng Politik vun *deux poids et deux mesures* bedriewen, jee nodeem ob et ëm eis oder ëm Russland geet, an d'Fro vun der fräier Wiel vun engem Bündnissystem.

Mir stelle fest, datt de Krich an der Ukrain net, wéi dacks behaupt, deen éischte Krich an Europa zënter dem leschte Weltkrich ass. Leider net! Et gouf zum Beispill d'Invasioun vun Zypern. D'Tierke besetzt bis haut illegal 34 % vum Territoire vun der Republik Zypern, an trotzdem consideréiert d'Lëtzeburger Regierung d'Tierke offiziell nach ëmmer als e Baitrëtskandidat fir an d'Europäescher Unioen.

D'ADR seet dozou kloer: Ne! Mir respektéieren Zypern net manner wéi d'Ukrain! Wien awer eng tierkesch Invasioun a Besetzung vun Zypern ignoriert, sollt bei der Beurteilung vun aneren Invasiounen éierlecherweis virsichteg sinn.

Et gouf e Krich a Jugoslawien, d'Bombardéierung vu Serbien duerch d'NATO – iwwregens ouni d'Mandat vum UNO-Sécherheitsrot – an d'Secessioun vum Kosovo. Och deemools scho gouf et dat Spannungsverhältnis zwéischent dem Respekt vun der territorialer Integritéit vun de Staaten op där enger Säit an dem Recht op Secessioun, dem Selwerbestëmmungsrecht vun de Vëlker op där anerer.

Anescht wéi eng Rei vun aneren EU-Staaten, huet Lëtzebuerg sech am Fall Kosovo fir e Recht op

Secessioun decidéiert. Bei der Krim hu mir dat awer refuséiert. Déi zwee Fäll Kosovo an Krim si rechtlech a politesch extreem ëmstridden an et gëtt kee Konsensus an deenen zwou Froen. E bësse Kohärenz an eise Denke wär awer vläicht net schlecht. Dat internationaalt Recht kann net à la tête du client applizéiert ginn, wann et soll seng Glafwierdegkeet behalen.

Dës zwee Beispiller, d'Invasioun vun Zypern an d'Secessioun vum Kosovo, sollen eis op eppes hiweisen: Mir mussen an eisen Iwwerleeunge kohärent an éierlech sinn. Den deux poids, deux mesures kann eweder an der nationaler Politik nach an där internationaler Communautéit glafwierdeg vertrieben.

Dat gëllt natierlech och fir Verletzunge vum Krichsrecht a fir méiglech Krichsverbrieche. Mir haten där zum Beispill nach rezent am Nagorny-Karabach. Déi Affer sollen eis geneesou beschäftege wéi déi an der Ukrain. D'Wourecht ass awer dës: Mir ignoréieren déi aserbaidjanesch Krichsverbrieche, d'Invasioun vum Nagorny-Karabach, probéieren, eis am Aserbaidjan mat Pétrol ze versuergen a mir benotze Baku als Basis fir d'Cargolux, als Ersatz fir Nowosibirsk. Och hei stelle mir fest: deux poids, deux mesures.

Här President, och déi Theorie, datt all Staat e Recht huet, seng Allianze selwer erauszesechen, scheitert un der Realitéit. Sécher ass et d'Recht vun engem Land, säin NATO-Bäitritt ze froen, och dat vun der Ukrain, mee et ass och eist Recht, deen aus gudde Grënn ze refuséieren, zum Beispill dann, wann e Bäitritt der internationaler Sécherheet éischter géif schuede wéi notzen. Mir kennen déi Vehemenz, mat där eis amerikanesch Partner hiert sécherheetspolitesch Ëmfeld géint eng potenziell geféierlech auslännesch Presenz verdeelegen. Kuba, Nicaragua, Venezuela sinn dofir Beispiller. Et gëtt nun eemol déi bekannte Monroe-Doktrinn.

Aktuell invitéiere mir Iech op e kuerzen Ausfluch an de Pazifik, méi genee op déi bestëmmt wonnerschéi Salomon-Inselen. De 26. Abrëll, also emol nach net virun engem Mount, verbidden d'USA zum Beispill de Salomon-Inselen, eng Allianz mat China ofzeschléissen, fir datt keng chinesesch Militärbasis kënnen an där Regioun ageriicht ginn.

Mir liesen an der Zeitung: „One of the most senior US officials in the Pacific has refused to rule out military action against Solomon Islands if it were to allow China to establish a military base there, saying that the security deal between the countries presented 'potential regional security implications' for the United States and other allies.“

Ufank Mee, also virun e puer Deeg, sot de Premier vun de Salomon-Inselen elo dës an enger Ried virum Parlament: „We deplore the continual demonstration of lack of trust by the concerned parties, and tacit warning of military intervention in Solomon Islands if their national interest is undermined in Solomon Islands. In other words, we are threatened with invasion.“ Alt nees: deux poids et deux mesures.

D'USA an Australie maache grad dës Deeg am Pazifik eppes, wat si nach am Januar de Russen an Europa reprochéiert hunn. Den Ënnerscheid ass deen: D'Ukrain grenzt direkt u Russland, an d'Solomon Islands sinn Inselen, sinn nach e puer 1.000 Kilometer vu Washington a vu Canberra ewech.

Här President, niewent der Glafwierdegkeet vun eise Positiounen stellt sech och d'Fro vun der Verantwortung fir e Konflikt. De Krich an der Ukrain kann e gutt Beispill vun enger gedeelter Verantwortung sinn. E-réischt virun e puer Wochen huet de Poopst Franziskus der NATO eng Matverantwortung fir dës Krich ginn. Ass dat berechtigt? Loosst eis hei vläicht

eng kloer Trennung tëschent zwee Konzepter maache, en dättelechen Ënnerscheid tëschent enger Schold am juristesche Sënn – déi läit bei deem, deen dat internationaalt Recht brécht, dat ass an dësem Fall Russland – an enger politescher Matverantwortung, déi dora besteet, mat dozou bäigedroen ze hunn, datt et konnt esou wäit kommen.

Hu mir vläicht esou eng politesch oder moralesch Matverantwortung? Hu mir net genuch gemaach, fir d'Gefore matzäit ze erkennen an de Friden ze retten?

Mir denken, datt et dofir gutt Argumenter gëtt; e puer kann een der hei nennen: Déi Minsker Ofkommesse goufen net ëngesat, den Normandie-Format huet versot, an domat hunn och déi aktuell zwee gréissten EU-Memberstaaten eng direkt Matverantwortung fir d'Entwécklungen an der Ukrain. Mir hunn nogekuckt, wéi eng aggressiv Politik géint déi ethnesch russesch Minoritéit, oder wéi ee se soss wëll bezeichnen, an der Ukrain gemaach gouf. A mir hunn eis mat dem jorelaange Krich am Donbass offonnt. Dat wor falsch. Mir hunn de Krich, deen et scho säit aacht Joer am Donbass gëtt, einfach ignoréiert, geneesou wéi d'Diskriminéierung vun der russeschsproocheger Populatioun an der Ukrain. Hei zu Lëtzebuerg kämpfe mir jo engagéiert géint all Form vun Diskriminéierung, an der Ukrain hu mir d'Aen awer fest zougemaach. De Krich am Donbass huet wäit iwwer 10.000 Doudeger gefuerdert. Wou wore mir all déi Zäit, fir dee Krich an Europa ze stoppen? Wou wore mir, fir all déi Zäit Sanktiounen ze froen? Wou wore mir, fir d'Opklärung vu Krichsverbrieche ze verlaangen oder de Massaker vun Odessa ze bestrofen?

A jo, mir hunn och déi westlech Militärpresenz an d'NATO bis bal un déi russesch Grenz bruecht, a mir hunn domat e gutt dokumentéiert Versprechen aus den 90er Jore gebrach. Zu deem Thema gëtt et e risege Volumen u wëssenschaftleche Recherchen.

Wat speziell d'Ukrain ugeet, wëlte mir an deem Kontext hei just zwee rezent Ofkommessen nennen. Den 1. September 2021 hunn d'USA an d'Ukrain en Joint Strategic Partnership (ndlr: Joint Statement on the U.S.-Ukraine Strategic Partnership) ënnerschriwwen, an den 10. November 2021 gouf dann och eng U.S.-Ukraine Charter on Strategic Partnership zu Washington ënnerschriwwen. Kee Wonner, datt verschidde Leit zu Moskau nervös gi sinn. Ech géif Iech recommandéieren, déi zwee Texter ze liesen, déi si méi wéi impressionnant.

Mir erënneren op där anerer Säit dann un d'Monroe-Doktrinn vun den USA. Vergläicht déi Saachen! Vum Dezember 2021 bis an de Februar 2022 huet Moskau probéiert, Sécherheetsgarantië vun der NATO ze kréien, a wollt Verhandlung mat den NATO-Staaten iwwer eng europäesch Sécherheetsarchitektur an iwwer Sécherheetsgarantië féieren. Déi Iddie sinn, no allem wat mir wëssen, brück refuséiert ginn.

An der Press hu mir Artikele wéi dës gelies, aus dem Dezember hunn ech hei e Beispill erausgeholl, also ech schwätzen elo vu mol keng dräi Méint virum Ufank vum Konflikt: „Le secrétaire général de l'OTAN, Jens Stoltenberg, s'est opposé vendredi à toute ingérence de la Russie dans les relations entre l'Alliance et l'Ukraine, refusant d'exclure une éventuelle adhésion de Kiev, comme l'exige Moscou. „La position de l'OTAN reste inchangée concernant notre relation avec l'Ukraine. Chaque pays a le droit de choisir sa propre voie – y compris le type d'arrangement de sécurité dont il veut faire partie –, c'est un principe fondamental“, a déclaré Jens Stoltenberg à des journalistes à Bruxelles. „La relation de l'OTAN avec l'Ukraine ne peut être déterminée que par les 30

membres de l'Alliance et l'Ukraine elle-même, et par personne d'autre. Nous ne pouvons accepter que la Russie ré-établisce un système où les grandes puissances [...] peuvent contrôler ce que d'autres pays font ou pas“, a déclaré Monsieur Stoltenberg après une rencontre avec le nouveau chancelier allemand Olaf Scholz.“ Ech géif em recommandéieren, dat op de Salomon-Inselen esou virzebréngen.

„Tensions à la frontière ukrainienne. La Russie a mis en garde vendredi contre le risque d'une confrontation majeure avec l'Occident si les États-Unis et leurs alliés ne réfléchissaient pas sérieusement à apporter des gages de sécurité à Moscou.“

Den 12. Januar, ee Mount virum Ufank vum Konflikt, liese mer dann: „Jens Stoltenberg a indiqué que les trente membres de l'Alliance atlantique ont repoussé tant la proposition russe d'un désengagement militaire otanien dans l'est de l'Europe que l'exigence du Kremlin que, jamais, l'Ukraine ne rejoigne l'Alliance. Il a mis en garde Moscou contre tout aventurisme et affirmé que l'OTAN ne fera aucun compromis sur le principe de l'intégrité territoriale et de la souveraineté des États.“

An déi Lëscht kéint een nach laang viruféieren. Dat Ganzt liest sech wéi eng Chronik vun enger ugekënnegter Katastroph. Wa mer also d'Fro hei stellen, ob mer eng politesch Matverantwortung als Westen hu fir d'Degradatioun vun der Situatioun iwwert déi lescht Méint, dann, mengen ech, kann een déi Fro mat Jo beäntweren. Wéi gesot, net Schold, mee Matverantwortung.

Här President, eis Diplomatie muss op Glafwierdegkeet an op Éierlechkeet berouen. Mee wéi mir grad gesinn hunn, hu mir do nach nozebesseren. Awer wat soll dann d'Zil vun eiser Diplomatie an dëser Situatioun sinn?

Mir hu scho gesot, wéi mir eis eis zukünfteg Relatioun mat der Ukrain virstellen: Si sollen intensiv, frëndschaflech a konstruktiv sinn. Mee wéi sollen dann eis zukünfteg Relatiounen mat Russland ausgesinn, déi mat Sécherheet méi wéi komplizéiert ginn?

Eis aktuell Relatiounen mat Russland sinn ausser ganz wéinege Beräicher, wouvun dee wichtegsten d'Energie ass, bal um Nullpunkt ukomm. Mir hunn déi schäerfsten ekonomesch Sanktiounen géint Russland geholl, déi jee géint e Land verhaange goufen, mat deem mir net offiziell am Krich waren. An dobäi sollte mir awer net vergiessen, datt mir an der internationaler Politik Russland als Partner brauchen, net als Géigner. Mir brauche Russland a ville regionale Konflikter, am Sahel, am Iran, a Syrien, a Moldawien, a Georgien, a Libyen, fir nëmmen déi ze nennen, wa mir an deene Konflikter wëlle Progrèsen a Richtung Fridde maachen.

Mir brauche Russland, wa mir net wëllen an eng nei Oprëschtungsspiral, eng deier a geféierlech Spiral, erageroden. An de Risiko ass enorm héich.

Mir brauche Russland, wa mer eng Eskalatioun am Pazifik wëlle verhënneren. Mir wëlle keng enk Allianz tëschent Russland a China, zum Beispill, op Käschte vun Taiwan. Dat ass och net an eise Interesse.

Mir wëssen, datt souwuel Russland wéi och China dat Potenzial hunn, fir iwwerall op der Welt politesch instabill Situatiounen an engem Sënn ze beaflossen, dee westlech orientéierte Staate ka grouss Problemer maachen. Och dat musse mir preventiv duerch eng intelligent Politik verhënneren.

Mir brauche Russland als Partner an der Wëssenschaft, och am Weltraumberäich, a mir brauche se virun allem, fir op eise an op hirem wonnerbare Kontinent eng Friddensuerdnung opzebauen, eng



Uerdnung ouni Haass, ouni eiserne Riddo a steril Konfrontationen. Am Abléck weisen all d'Indicateuren an eng aner Richtung.

De kuerzsichtige Reflex, fir Russland aus europäeschen oder aneren internationalen Organisationen oder Fora auszuschließen, déngt a Wierklechkeet kengem. Mir setzen dowéinst léiwer op Dialog an Inklusioun. A schliisslech wor Russland, ass Russland – oder kann et erëm ginn – e ganz wichtige Partner vun eiser Economie.

Wéi solle mer also d'Relatioun mat Russland nees opbauen, nodeem mer all hei, de Westen, déi Relatiounen op eng ganz radikal Manéier ..., déi Brécken ofgerappt hunn? Wat sinn eis Ziler?

Mir müssen eis Relatioun mat Russland an déi Léisung vun dem Konflikt zesummesinn, fir datt mer kënnen iergendwéini en neien Ufank op enger neier Basis fannen. An dofir muss ee progressiv Vertrauen opbauen. Op jidde Fall muss mer dat kënnen als Europäer maachen, ouni op d'Erlabnis vun aneren ze waarden.

Här President, eng Betruechtung iwwert d'Sanktiounen – och bei de Sanktiounen muss déi éischt Fro, déi mer eis stellen, des sinn: Wat sollen hir Ziler da sinn? Wëlle mer einfach Drock ausüben, fir vläicht a Verhandlungen ze kommen? Wëlle mer, wéi aner et wëllen, notament an den USA, Russland ruinéieren, well dat bei der Sowjetunion fonctionéiert huet? Dat biergt allerdéngs enorm Risiken. Mee wat sinn d'Ziler eigentlech genee vun de Sanktiounen? Wéi wäit soll deen Drock goen? Wat genau solle mer bezwecken? Wéi eng ekonomesch Konsequenzen hunn déi Sanktiounen op eis eegen Economie an op eis eegen ekonomesch Interessien? Eenzel Sanktiounen schueden eis ouni Zweifel méi wéi Russland.

Wéi eng Géigemoosnamen hëlt Russland? Mir kënnen jo dovun ausgoen, datt se net einfach nokucken, wéi Verschiddener wëllen hir Economie ruinéieren, an doduerch och hir Aktiounen huelen. Wéi wirksam sinn eis Sanktiounen iwwerhaapt? Sinn déi Sanktiounen, virun allem déi géint Privatpersounen, iwwerhaapt legal a legitim? Dat wäerte Gerichter eis nach soen. An hu mir da besser Alternative wéi den Handel mat Russland? Ass et zum Beispill moralesch méi iwwerzeegend oder méi akzeptabel, mat Länner wéi dem Aserbaidjan oder dem Venezuela Handel ze bedreiwe wéi mat Russland?

Vill d'är Sanktiounen gëtt et schon zënter ganz Laangem. Mir froen eis, wien iwwerhaapt nach den Iwwerbléck iwwer all déi Sanktiounen huet a firwat a géint wien all déi eenzel Moosnamen a Kraaft gesat goufen. Eenzeler koumen op amerikanesch Initiativ aus reng politesche Grënn, anerer goufen no der Krim-Kris verhaangen. No Salisbury goufe se verhaang, well eng russesch Implikatioun an den Ae vun der Madam May „highly likely“ wor.

Opgehewe gouf warscheinlech nach ni iergendeng vun dese Sanktiounen. Vill Länner sinn aus ekonomeschen, historieschen oder strateegesche Grënn einfach net drun interesséiert, datt d'Relatiounen tëschent Westeuropa a Russland enges Daags kënnen an eng Normalitéit zréckfannen.

Mir sollten eemol deen objektiven a komplette Bilan maachen, wat déi Sanktiounen politesch bruecht hunn a wéi vill se eiser eegener Economie geschuet hunn. Politesch erreecht hu se jiddefalls näischt. Mir kenne kee Beispill, wou Sanktiounen géint Russland e Wiessel an der Politik mat sech bruecht hätten. D'Krim zum Beispill ass bekanntlech och haut nach ëmmer de facto en Deel vun der russescher Federatioun. Eis Economie an eis Landwirtschaft hunn awer dobäi gelidden, duerch d'Sanktiounen an natierlech och duerch déi russesch Géigesanktiounen.

Mir müssen och wëssen, datt et fir e grouss Land wéi Russland relativ einfach ass, verschidde Sanktiounen ze ëmgoen. E klengt Land wéi Lëtzebuerg kann iwwer Sanktiounen natierlech ganz liicht a ganz séier an d'Knée gezwonge ginn. Bei deene méi grouss Länner ass dat scho vill méi schwierig, bei ganz grouss Länner bal onméiglech. Scho beim Iran ass d'Sanktiounspolitik kee groussen Erfolleg gewiescht.

Déi gréisste Gefor fir eis Economie an eis Populatioun besteet an där Iddi, fir en Embargo op russesch Pétrols- an Äerdgasimporte ze leeën – mir haten hei viru Kuerzem nach doriwwer diskutéiert. D'Konsequenze wäere katastrophal, besonnesch beim Gas. Vill wichteg Acteuren an der däitscher Economie hu gewarnt do virun. Ekonomesch géif dat heeschen, datt eis Betriber net méi genuch Energie hätten. D'Konsequenzen heesche Rezessioun a Chômage. Fir d'Leit géif dat heeschen, datt beim Hëtzen am nächste Winter an och an der Mobilitéit dramatesch Aschnëtter misste gemaach ginn.

Duerch staark Abréich an aneren Economien, déi vu russeschen Energieprodukter ofhängeg sinn, muss gefaart ginn, datt et nach zu weidere massive Repercussiounen op eis kënn. Dës ka besonnesch an Däitschland de Fall sinn, eisem wichtigsten Handelspartner. Mir kommen an eng Rezessiounsspiral, wa mer op dee Wee ginn.

Dee Boykott an all déi Affer, déi mir géife bréngen, schuede Russland fir laang Zäit warscheinlech manner wéi eis. Russland ka seng Energie weinstens zu engem groussen Deel op anere Plaze verkafen. Zënter dem Ufank vum Krich an der Ukrain huet Russland seng Exporter vu fossilen Energien esouguer nach kënnen erhéijen. Virun allem deen asiatesche Marché huet dat bis elo erlaabt. Vläch gëtt et fir Russland méi schwéier, onméiglech gëtt et awer net.

Et ass kloer, datt esou eng Politik onverantwortlech ka sinn a si kann och net duerch eng Krichsrhetorik justifiéiert ginn, well se der Ukrain och eigentlech net hëlleft, mee si och nach duerch e laange Krich an e sécheren Ennergang féiert. Wéi vill Leit sollen dat Land dann nach verlossen? Et si scho Milliounen Leit, déi net méi an hirem Land sinn, fir do ze liewen, ze schaffen. Wéi vill sollen der stierwen duerch déi Krichshandlungen? Wéi vill Schued wëlle mir der ukrainescher Economie dann nach zomudden? No deene leschte Statistiken hu mer schon eng 30 % Verloscht am Bruttonationalprodukt, wat dës Joer ugeet.

Här President, den Här Asselborn sot den 11. Abrëll um 10,7: „Soudatt mir elo virun d'Equatioun stinn: Wat ass méi wichtig, Sanktiounen oder Waffen? An ech kommen zur Konklusioun: Dat sinn elo Waffen.“

Mee och hei wëlle mer d'Fro stellen: Firwat? Wat soll genau d'Zil vu Waffeliwwer sinn? Wëlle mer och wéi aner e Stellvertrederkrich? Wëllt Der kämpfen, bis dee leschte russeschen Zaldot d'Ukrain verlooss huet?

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Ech äntweren dorop.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Jo, ech hätt gär eng Äntwert. Merci, Här Minister. Wat soll d'Zil dovunner sinn? Sot eis et! Wat ass eigentlech den Zweck?

Mir sinn do ganz virsiichteg, well, wësst Der, Waffen, dat ass näischt Schéines. Dat wësst Dir, dat wësse mir och. An dofir soe mir nach eng Kéier: Dee besere Wee si Verhandlungen, d'Sich nom Fridden. Dat heescht, sot eis, wéi dat soll zesummepassen, wat Är Ziler sinn, wat Är Theorie ass, mat wéi engem Konzept Dir dee Krich wëllt léisen.

Mir wëllen eng friddlech a gerecht Léisung fir d'Ukrain a fir Russland. Mir wëllen ewech vun onnéidege Moosnamen, déi fir eis gravéierend Nodeeler bréngen, ouni datt mer d'Situatioun um Terrain doduerch kéinte verbesseren. A mir verstopen eis net virun eisen eegene Feeler. Mir ginn déi zou, well dat wichtig ass, fir Vertraue kënnen ze kréien.

Mir sinn also weeder begeeschtert vu Waffeliwwerungen nach vu Sanktiounen. Mir hunn do iwwert d'Nodeeler geschwat. Mee mir wëllen der Ukrain op vill aner Manéieren hëllegen: diplomatesch, politesch, ekonomesch, humanitär. Mir wäerte jo déi ADR-Motiounen haut nach diskutéieren.

Amplaz um Krich deelzehuelen, solle mir aktiv un de Parametere fir Friddensverhandlungen schaffen, an dat am enken Dialog mat allen, déi hirer mënschlecher, politescher Verantwortung an dëser schwéierer Zäit wëlle gerecht ginn.

Mir sollte bei jidderee goen, deen Afloss huet, an dobäi eis gutt Déngschter offréieren. An deenen internationalen Organisationen a Fora, an deene mir Member sinn, soll Lëtzebuerg seng Stëmm fir Moderatioun a Fridden erheien. Et gëtt eng enorm Eskalatiounsgefor. Dat sinn Zenarien, mat deene mer elo konfrontéiert sinn.

Déi zwou gréisste Gefore sinn eng Eskalatioun duerch nei Waffesystemer an notament duerch d'Massevernichtungswaffen. An déi Gefor ass reell, datt mer eventuell dohikommen an datt mer den Asaz vun takteschen Nuklearwaffe gesinn. Wann d'Russen dat sollte maachen, hunn d'Amerikaner scho gesot: „We are going to respond in kind.“ A wou dat hiféiert, wësse mer. Dat ass also eng vun deenen zwou groussen Eskalatiounsgeforen.

Eng aner grouss Gefor ass, deemno wéi et geet, datt mer eng Destabiliséierung vun der Russescher Federatioun géife gesinn. Dat ass och eppes, wat enorm Gefore biergt. Och dat wëlle mer net.

Mir wëlle kee Stellvertrederkrich, an deem zynesch bis zum leschten Ukrainer gekämpft gëtt, datt mer Waffe liwweren ouni kloer Ziler, well mer domadder eigentlech op Käschte vun der Ukrain an hire Leit politesch Ziler verfolge, déi de Krich verlängeren, absichtlech verlängeren.

Wat sinn eis Optiounen? Et sinn der dräi:

Déi éischt Optioun ass, politesch keng Initiativen ze huelen a Richtung Fridden, Waffen ze liwweren an nozekucken, wéi e laange Krich seng Spueren zitt. Déi Optioun wëlle mir schon eleng aus humanitäre Grënn net. Dovun ofgesinn, wësse mir net, wéi dee Krich géif ausgoen, an d'Eskalatiounsgefor, vun där mer geschwat haten, wär ganz grouss. Dat schéngt awer den aktuelle Choix vun der NATO an och vun dëser Regierung ze sinn. Dofir froe mer Iech jo: Wat sinn eigentlech Är Ziler? A wéi definéiert Der déi?

Mir wëllen net, datt mer einfach ufänken, Russland ze schwächen, well dat och eng ganz Rei Gefore mat sech bréngt. A mir wëlle virun allem net eng Politik bedreiwen, déi eng russesch-chineesch Allianz an d'Welt rëfft, well dat wär en dauerhafte globale Kale Krich, dee mer géife kréie wéinst der Situatioun op der Krim an am Donbass.

Déi zweet Optioun, déi ass eigentlech nach méi onintelligent. Dat ass dat, wat mer viru Kuerzem héieren hu vun engem baltische Bausminister. Deen huet gesot: „Russians have to learn how to lose, they must lose, and then we can talk. It's not our duty for a criminal to save face.“ Déi Léisung ass gläichzäiteg onrealistes – loosse mer net vergiessen, datt Russland eng Atommuecht mat weltwäitem Afloss ass – an inhuman, déi „guerre à outrance“. A virun allem muss

ee soen, datt den Här Macron do déi besser Iddi huet, wann e seet: „Mir dierfen net an eng Situatioun kommen, wou de Géigner säi Gesiicht verléiert.“ Well dat huet och eng ganz Rei Implikatiounen an et mécht d'Verhandlung bal onméiglech. Also loosse mer net op deen do Wee vun enger totalitärer Approche goen.

An déi drëtt Optioun, dat ass déi, déi d'ADR awer wierklech favoriséiert, dat ass an eisen Aen déi besser: Dat ass fir ze kucken, datt mer e Waffestëllstand vermëttelen, esou séier wéi méiglech, Mënscheliwe schounen, Territoire preservéieren a Verhandlungen a Richtung vun engem Friden an d'Weeër kënne leeden. Mir wëllen och, datt e russesche Réckzuch aus verschiddenen nach besate Regiounen stattfënnt. Dat ass an der Regioun vu Kiew gemaach ginn. Dat kann an der Géigend vu Charkiw oder Charkow gemaach ginn.

*(Interruption)*

Gelif, Här ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | An d'Krim?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Also wann Dir d'Russen iwwerzeegt kritt, da wënschen ech Iech bonne Chance.

An da misst een ...

*(Interruptions)*

Jo. Mee nee. Ech mengen, mir si jo hei elo net an engem Gremium, wou mer liichtfankeg sollen iwwer Krich a Fridde schwätzen. Mir sinn an engem nationale Parlament. An ech kann Iech soen, datt d'Krim eng Bedeitung fir déi russesch Federatioun huet, datt ech net mengen, datt mer iergendwéini kënne seriö domat rechnen, datt se deen Territoire opginn. Et gëtt och ganz schwierig mat Donezk a Luhansk, well se déi als onofhängeg Staaten unerkannt hunn an da warscheinlech esou plädéieren, datt se soen, „Mir hunn net dat Recht, iwwer en Territoire ze verhandelen“, da misst ee scho mat deenen direkt verhandelen. Also dat gëtt och ganz komplizéiert.

Dir erlaabt mer, datt ech Iech op déi Manéier äntweren an net op eng Polemik aginn, wou mer allen zwee wëssen, datt se net realistesch ass, Här Cruchten. Ech hunn héije Respekt virun Iech, an dat wëll ech Iech heimat och nach eng Kéier soen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), interpellateur | Sou. Dat ass ...

*(Interruptions)*

U sech ass all Optioun, déi d'Lous vun de Leit an der Ukrain kann erlichteren, eng besser wéi de Krich à outrance oder wéi de Krich op eng laang Dauer, just fir d'Russen ze schwächen. A mir sollte kucken, datt mer wierklech op e Wee ginn, deen net eis och méi schued, datt mir net mat an e Krich eragezu ginn, wat mir net wëllen a wat mer och am Interessi vun de Leit, déi mer d'Éier hunn, hei ze verrieden, absolutt sollte verhéieren. Eis Optioun, eise Virschlag ass Waffestëllstand, si Fridensverhandlungen, sinn ze kucken, datt mer zu engem Ausgläich an Europa bäidroen an net zu engem weidere Konflikt. A mir wäre ganz frou, wann d'Regierung eis haut kéint confirméieren, datt si dat och esou gesäit, eis op jidde Fall emol seet, wat hir Politik an dëser Situatioun ass.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser.

D'Wuert huet elo den honorabelen Här Claude Wiseler als Verrieder vun der CSV-Fraktioun. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

## **Exposé de l'heure d'actualité**

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Villmools merci, Här Président. Ech hunn net schlecht gestaunt, wéi ech den Titel vun der Interpellatioun, déi den Här Kartheiser an d'ADR eragereecht hunn, héieren hunn, deen heescht: „Krim, Donbass, Ukrain – an elo? Wéi eng Zukunft fir déi europäesch Sécherheet?“, an eist zukünfteg politesch Verhältnis zu Russland an der Ukrain.

Dat klängt schonn am Titel esou, wéi wann de Krich eriwier wier oder zumindest, wéi wann et ganz kloer wier, wéi et géif ausgoen. An ech hu mech awer dunn net méi gewonnert, wéi ech elo Är Ried héieren hunn, well dat war awer a mengen Aen eng absolutt Kremlfrëndlech Ried, esou wéi ech kaum nach eng an der leschter Zäit héieren hunn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Déi eenzeg Fro, déi Der net gestallt hutt an déi haut wichteg ass, dat ass déi: Wat kënne mer nach méi maachen, fir der Ukrain ze hëllefen, fir datt Russland dëse Krich net gewënnt?

Wéi kann een haut wëllen eng politesch Analys iwwert d'Konsequenze vun engem Krich maachen, wann ee keng Anung huet, wéi en ausgeet, wéi laang en nach dauert – ee Mount oder zéng Joer – a wat d'Konsequenzen dovunner sinn?

Meng Heure d'actualité, déi ech ugefrot hat, hat eng ganz aner Zilsetzung: Déi hat d'Zilsetzung, d'Fro ze stellen, wéi mer als Regierung, als Europäesch Unioun, als NATO der Ukrain kënnen an deenen nächste Wochen, an deenen nächste Méint hëllefen. Well ech mengen, et ass eis Pflicht, fir et ze maachen. Well fir eis ass et kloer, datt, wann den Här Putin dëse Krich gewënnt a seng Zilsetzungen, säin initialt Zil erreecht, dat war, de Regimm vu Kiew ëmzegeheien, wann en dat erreecht, dann hält en net do op.

D'Ukrain kämpft an eisen Ae fir hir Fräiheet, fir d'Recht op Demokratie. D'Ukrain kämpft fir hir Wäerter, déi an eisen Ae ganz kloer déi selwecht si wéi eis. An d'Ukrain kämpft fir eis.

Den Här Putin hält net op, haut hält en net op, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | ... och an der Ukrain. A wann ech kucken, wat nach all Dag un Doudegen, Massakere, Vergewaltungen, Leit, déi flüchten, do ass, da fannen ech esou Rieden haut onméiglech.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | An dat Ganz si keng Kolateralgeschësser vun engem Krich, net eppes, wat einfach esou geschitt, well eebe Krich ass. Mee et ass eng systematesch ugewannte Krichstechnik, fir Populatiounen ze terroriséieren an zur Opgab ze zwängen, déi Vergewaltung als eng Krichswaff gebraucht, Staatsterrorismus. An de Beweise dofir, dat ass, datt déi Unitéit, déi zu Butscha déi Massakere perpetuéiert huet, och nach dekoréiert ginn ass fir speziell Meritten. Zynismus puer! Wat soll dann nach geschéien, bis mer reagéieren a bis mer all d'Moyene ginn, fir kënnen den Ukrainer ze hëllefen?

Dofir hat ech déi Heure d'actualité ugefrot, aus engem ganz anere Grond wéi Dir se ugefrot hutt. An dofir hate mer och déi Motioun eragereecht, déi zwar net ugeholl ginn ass, mee wou ech awer weess, well ech mat Kollegen aus de Majoritéitsparteie geschwat hunn, dass se mat engem Punkt Problemer haten, mat deenen anere Punkte manner Problemer haten, wann ech Iech richtig verstanen hunn.

Mir hu gefrot, datt et ganz ... Also ech wëll nach dozou soen, mir sinn iwwerzeegt, datt, wann d'Ukrain

hei dee Krich net gewënnt respektiv wa Moskau e gewënnt, datt dann déi nächst Länner Moldawien, Georgien an eventuell déi baltesch Länner sinn; dräi Länner, déi d'ailleurs och mat Russland Erfahrung hunn.

Mir sinn iwwerzeegt, datt den Här Putin probéiert, d'EU auserneenzedreiwien, d'Länner intern, mee och d'Länner ënnerteneen. An ech sinn do frou, datt a sech och ... Dat huet e probéiert bei Polen a bei Bulgarien, andeem en hinnen de Gas ofgespaart huet. An do war ech frou, datt d'europäesch Länner direkt Solidaritéit gewisen hunn.

Et muss een awer och elo soen, datt een och gesäit, datt dat eent oder dat anert Land ufänkt, deelweis aus där Solidaritéit erauszubrieche. Dat ass zum Beispill Ungarn, déi eng ganz Rei Remarken ze maachen hunn a probéiert hunn ze blockéieren oder probéieren ze blockéieren bei där ganzer Uelegdiskussioun. Dofir hu mer se d'ailleurs bei eis aus der Partei, aus der EVP ..., wollte mer se net méi do, a se sinn erausgaangen, well se esou reagéieren, wéi se reagéieren.

Den Här Putin akzeptéiert och mat all deem, wat e mécht, eng ganz Rei aner Konsequenzen duerch d'ganz Welt. Et wäert duerch dee Krich eng Hongersnout an enger Rei afrikanesche Länner entstoën. Och dat gëtt, ouni mat der Wimper ze zucken, akzeptéiert. An dee Krich, deen amgaang ass, um Kommunikatiouns- an um Cyberniveau geféiert ze ginn, deen ass scho laang amgaang, scho jorelaang amgaang géint d'westlech Welt, vu Russland géint d'westlech Welt gericht. An ech brauch nëmmen den Agrëff an europäesch Wälen ze nennen, fir datt Der wësst, vu wat ech schwätzen.

Mir si fest iwwerzeegt, datt dëse Krich nach méi Doudeger, nach méi Flüchtlingen, nach méi Operationen, nach méi Nout wäert bréngen. A wéi erkläert Der de Leit, datt mer net alles gemaach hunn, fir dat esou schnell wéi méiglech ze vermeiden? Mir sinn iwwerzeegt, datt dofir muss e Maximum un Zwang ausgeübt ginn, fir dës Krichsmaschinnerie ze stoppen an esou de Verhandlungsdësch opzemaachen.

Dofir waren an eiser Motioun eng ganz Rei Richtungen ugezecheent. Dat Éischt, dat ass, datt d'Ukrain soll Waffe kréien an datt mer all Hesitatiounen sollen op d'Säit setzen a se beliwere mat deem, wat se brauchen. Dat Zweet, dat ass, datt mer déi Couloir-humanitäre do solle maachen, wou se gebraucht ginn. An ech soen och do, deen Op an Zou bei deene Couloir-humanitäre, dee gemaach ginn ass – da si se een Dag akzeptéiert ginn, deen aneren Dag si se zouge-maach ginn –, och dat ass Krichstaktik. Och do geet et wierklech drëm, fir wëllentlech d'Leit ze desespérieren, hinnen Hoffnung ze maachen, d'Hoffnung erëm ze huelen, fir se esou an d'Knéien ze zwängen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Da wollte mer och ganz kloer déi Efforten an déi Volontéit vun der Ukrain ënnerstëtzen, fir EU-Member ze ginn. Mir wëssen, datt dat net vun engem Dag op deen anere méiglech ass. Dofir soll een elo viberéieren, datt se kënne Kandidat ginn, an da wësse mer, datt et nach eng ganz laang Prozedur ass. Mee datt mer déi Perspektiv solle kreéieren, schéngt eis logesch ze sinn, an datt mer an Tëschenzäit d'Integratioun an de Marché unique ... a mat Accord-d'association solle schaffen. Dat si Saa-chen, déi och an eisen Ae musse kloer sinn.

Mir wollten och, datt d'Sanktiounen uerdentlech ëmgesat ginn, datt all Land och déi Sanktiounen, déi geholl gi sinn, uerdentlech exekutéiert. Dofir war et och fir eis esou wichteg, datt mer Diskussiounen mat der Regierung hate fir ze kucken, wéi hei zu Lëtzebuerg déi Sanktiounen richtig géifen ëmgesat ginn.



Mir ënnerstëtzen och nei an effikass Sanktiounen, wann der da kommen, an dat ass jo elo an Aussicht gestallt gi fir déi nächst Deeg, an dat ass och fir eis wichteg. Mir hunn en totalen Embargo gefrot – an do war eisen Desaccord, op dee kommen ech awer net zréck –, direkt op Pétrol, Kuelen, nukleär Brennstoffe a Gas, well mer mengen, datt dat wirtschaftlech effikass wär, fir eis Zilsetzungen ze errechen, a well mer och mengen, datt et machbar wär an Europa.

Mir hu plädéiert fir eng Diversifikatioun vun den Energiereserven a mir hunn och plädéiert, fir datt Krichsverbrieche an Verbrieche géint d'Mënschheet ..., fir datt déi Leit, déi se verbrach hunn, och virun en Tribunal mussen trieden an hir Responsabilitéiten do huelen. Déi Motioun ass am Europaparlament vun alle Parteien, inklusiv vun där Partei, zu där sech den Här Kartheiser rechent, ugeholl ginn; leider hei am Lëtzebuerger Parlament net. Mee wéi gesot, ech sinn zumindest zefridde gewiescht, datt eng ganz Rei Parteie mat 90 % vun där Motioun zumindest mëndlech konnten d'accord sinn.

**Une voix** | Ganz richtig!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | An elo gëtt lues a lues eng ganz aner Rhetorik hei virbereet, déi sech en place setzt, fir dem Här Putin wëssend oder onwëssend ze hëllefen, haaptsächlech op der rietser Säit an op der lénkscher Säit vum politesche Spektrum. An d'Argumenter huelen ech eent no deem anerem erëm – a mir hunn der eng ganz Rei hei héieren –, fir meng Meinung dozou ze soen, well dorëms geet et jo.

Dat éischt Argument, wat am Ufank komm ass a wat ech haut nach eng Kéier héieren hunn, dat ass, datt de Westen an d'NATO net onschëlleg wäeren un deem Krich. Déi grouss politesch Matverantwortung, déi mer hei hunn, well mer iwwert déi lescht Joren déi Sécherheetsbedürfnisser, dat Liwensinteresse vum Här Putin net respektéiert hätten. Datt mer seng Eier och verletzt hätten ass alt gesot ginn, den Här Obama, dee Russland als Regional Power bezechent huet. „Et ass bedauerlech, mee et ass verständlech“, gëtt da gesot, „datt den Här Putin esou reagéiert, wéi e reagéiert huet an enger Zort Befreiungsschlag géint d'Ukrain, a schold ass ënner anerem och d'NATO an hirt Säbelgerassel.“

Ech wëll dozou soen: Dat do, dat sinn Theesen, déi den Här Zemmour, d'Madamm Le Pen an den Här Mélenchon am Frankräich an der Walcampagne gebrauchen. An do muss ech soen, do stellen ech mech awer zu honnert Prozent dogéint. D'URSS, déi hat Nuklearwaffen an der Ukrain stationéiert, déi sinn all a Russland zréckgehol ginn. D'Ukrain ass 2014 präzisement net an d'Europäesch Unioun an an d'NATO opgeholl ginn, well déi Pufferzon do sollt respektéiert ginn a well et sollt am Fong dem Wëlle vum Här Putin gerecht ginn, datt d'Ukrain (veuillez lire: d'NATO) net direkt géif u Russland kommen. Wat huet déi eis da gehollef, déi Pufferzon? Näischt! An d'Fro ass, ob et net e Feeler war sengerzäit, se zouzeloossen, ob et net e Feeler war, dat ze maachen an ob een net hätt sollen déizäit déi Volontéit, déi e fräit Vollek hat, fir an d'Unioun an an d'NATO anzetrieden, respektéieren.

Verschidde Länner, seet den Här Putin, dierfen net an d'NATO an dann ass dat esou, well hien dat dekretéiert a well et am Fong komplett egal ass, wat déi eenzel Länner dann als hir eege Perspektiv wëllen. D'Selbstbestimmung vun de Länner ass hei total egal an dat hu mer an Är Ried och nach eng Kéier esou héieren. Fir mech ass dat, fir eis ass dat net akzeptabel!

A firwat hunn déi Länner dann och gewielt, fir an d'Europäesch Unioun ze kommen, firwat wëlle se an d'Europäesch Unioun an an d'NATO kommen? Firwat

wëlle se et dann? Mee se wëllen et, well se Angscht hu viru Russland, well se Angscht hu virun deem groussen Noper! Se wëlle Schutz kréie virun der Aggressioun. Dofir wëlle se et jo. Fir dann de Contraire do ze behapten, fannen ech am Fong total doniewent!

Kuckt, wat an der Ukrain geschitt ass, déi et net haten. Hätte mer anescht gehandelt, da wär et vläicht net esou komm, wéi et komm ass. A kuckt och elo, wéi Finnland a wéi Schweden reagéieren, déi agesinn hunn, datt Neutralitéit an där Welt, an där mer sinn, näischt méi bréngt an datt et besser ass, e Schutz vun der NATO, vun der fräier Welt, vum Westen ze kréien, fir kënnen hir Fräiheet an hire Friden ze garantéieren.

Dat zweet Argument, wat da bruecht gëtt, dat ass: Keng Sanktiounen géint Russland! „Mir wëlle keng Waffe schécken, mir wëlle keng Sanktiounen maachen“, hutt Der gesot. „Se sinn net effikass a mir schueden eis selwer domat! Kuckt emol d'Präisser vum Masutt!“ an esou weider an esou virun. Dat ass jo dann d'Beweisféierung, déi hei geholl gëtt.

Ech soen Iech: D'Effikassitéit vun de Sanktiounen ... Et ass vun Ufank u gesot ginn, datt dat evidenteweis net vun haut op muer géif goen an datt een do evidenteweis eng Militärmacht mat ekonomesche Sanktiounen net direkt an d'Knée géif zwängen. Par contre sinn awer déi Mesuren amgaang ze gräifen.

Mir hunn eng Rezessioun, déi elo schonn op 10 % geschat gëtt. Mir hunn eng Inflation a Russland vu 24 %. Mir hunn eng Aarbechtslosigkeit, déi sech verduebelt huet. Mir hu 25 % manner Ueleg, deem exportéiert gëtt. Et si 750 westlech Betriber aus Russland erausgaangen. Mir si momentan amgaang, d'Liwwerketten ze zerbréchen, fir déi russesch Industrie ze alimentéieren. A mir gesinn och elo schonn an der Aviatioun, datt gekuckt gëtt, well keng Ersatzstécker nokommen, ob net eng Rei vun der Flott muss um Buedem gehale ginn, fir kënnen als Ersatzstéckssource ze dengen. Alles dat ass elo schonns effikass a wäert an deenen nächste Méint nach méi effikass ginn.

A fir datt et nach méi effikass ka ginn, genau dofir hu mer jo gefrot, fir den Embargo op den Energiestoffe ze maachen, well d'Experte soen, datt da Problemer vu bis zu 30 % vum PIB bei Russland kéinte kommen a well et 40 % vun hirem Budget ausmécht a well mer soss eng russesch Krichsindustrie finanzéieren, déi mer net wëlle finanzéieren. An haut stelle mer fest, datt d'Russen och keng Zuele méi publizéieren oder keng richtig Zuele méi publizéieren, iwwerhaapt keng Zuele méi publizéieren, fir am Fong net ze weisen, wou hir Economie drun ass.

Jo, selbstverständlech deet et eis och wéi, wann esou Moosname geholl ginn, an dat soll een net verstoppen. Déi Sanktiounen, déi geholl ginn, hunn och eng Repercussioun op d'europäesch Länner an op Lëtzebuerg. Mee ech soen Iech, mir sinn iwwerzeegt, datt d'Käschte vun engem hallefhäerzegen Handels vill méi héich wäerte si wéi anescht, déi mënschlech Käschten an déi finanziell Käschten!

Dann hutt Der als drëtten Punkt gesot, oder et gëtt ganz oft gesot: „Keng Waffeliwwerungen“ – d'lescht Kéier hutt Der gesot, „keng letal Waffeliwwerungen“ – „un d'Ukrain, weeder Waffen nach Sanktiounen, soss gi mer zur Matkrichspartei!“, wuertwäertlech.

Dat ass och eng Thees, déi an deem Intellektuellebrëif, deen an Däitschland an d'Regierung geschéckt ginn ass, widderholl ginn ass. D'Fro, déi ech mer stellen, ass: Hätte mer gär, datt d'Ukrain dee Krich gewënnt oder net? Ech hätt gär, datt se e gewënnt. A wa se e soll gewinnen, da geet et net duer, Casquen

a Kalzongen dohinner ze schécken. Da muss een och Waffen dohinner schécken, fir hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, dat ze maachen.

*(Interruption)*

Dat schéngt mer awer eng absolutt Evidenz ze sinn! An d'Argumentatioun, déi dann oft ugefouert gëtt, dat ass déi fir ze soen: „D'Ukrain ass och korrupt an et weess een net, wien déi Waffen da kritt.“ Dat hate mer héieren an eiser leschter Aussekommissioun oder Defenssekommissioun, wou den Defenseminister eis beschriwwen huet, wat fir eng Waffen da wéi géifen an d'Ukrain goen.

Jo, am Krichsgebitt ass een ni sécher, wéi et genau geet. Dat ass eng absolutt Evidenz. Mee ech soen Iech, an dat gesi mer an dat héiere mer, datt déi Waffen och ukommen an datt se och elo scho gehollef hunn, fir déi russesch Arméi ze stoppen oder sécherlech emol ze bremsen.

En anert Argument, wat awer haaptsächlech vun deene Lénke gebraucht gëtt, dat ass: „Mir verlänger den Krich, andeem mer Waffen dohinner schécken.“ Fir mech ass dat bal déi schlëmmst Interpretatioun. Do geet ee jo schonn dovunner aus, datt d'Ukrain de Krich verluer huet! A firwat solle mer dann nach hëllefen, wa se e souwisou verluer huet? Besser, keng Waffen ze liwweren, da verléiere se en nach méi schnell!

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Ech soen, dat ass en ... Also wann ech dat do Argument géif bis zum Schluss driiwen, da géif ech soen: Ma schéckt direkt de Russen d'Waffen, da gewannt Der de Krich nach méi schnell, wann et nëmmen dorëm geet, en opzehalen! Ech kann esou Rasonementer absolutt net verstoen an absolutt net akzeptéieren!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Déi méi intellektuell Versioun dovunner am Brëif, deen an Däitschland geschéckt ginn ass, déi ass méi subtil, mee grad esou problematesch. Do gëtt da gesot: „Et ass genuch Leed geschitt, et si genuch schrecklech Biller, dat muss elo ophalen!“ E puer Intellektueller, déi en fin de compte decidéieren, si hätten es elo genuch, déi grausam Biller ze gesinn, an dofir géife se den Ukrainer soen, et wär deenen hir moralesch Pflicht, dee Krich elo opzehalen. Op Basis vun engem moralesche Prinzip, dee seet, datt e gewëssent Mooss vu Leiden amorallesch ass.

Domat soe se am Kloertext, datt d'Ukrain d'Recht net huet, fräi ze entscheeden, ob se sech verteidegt. Fir mech ass dat just eenzeg an eleng e Plädoyer fir d'Recht vum Stärkeren, dee mer hei total ënnerstëtzen an deem seng Ziler mer total matdroen. Fir eis ass dat hei en Ugrëffskrich géint d'Ukrain, an d'Ukrain huet absolutt d'Recht, sech ze wieren, a mir hëllefen der Ukrain, sech ze wieren. Och dozou hu mir d'Recht.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Et kënnt dobäi – an dat ass dann nach méi subtil am Ënnertoun, mee dat hunn ech och schonn haut héieren –: „Wien d'Ukrain ënnerstëtzt, gëtt selwer zum Aggresseur!“ An et gëtt probéiert, all déi, déi elo eng aner Positioun hei hunn, als Krichsdreiwer ze beschreiwen a sech selwer als Fridensapostel dohinnerstellen.

Dat, wat net gesot gëtt, dat ass, datt Russland den Aggresseur ass an d'Ukrain d'Opfer an datt mer hei net zwee Aggresseuren hunn an zwou Krichsparteien, wou déi eng einfach géint déi aner geet. Et gëtt gesot: „Et sinn zwee Aggresseuren, mir mussen eis also eraushalen!“ Esou ass d'Situatioun awer net!

Déi Thees fannen ech och bei der AfD an Däitschland erëm, beim Tino Chrupalla – sou heescht, mengen ech, de gudde Mann –, dee seet: „Das ist nicht unser Krieg.“ A wann en da gefrot gëtt, wéi d'Ukrain sech da soll ouni Waffe wieren, dann äntwert e ganz einfach: „Mee dat ass d'Aufgab vun der Ukrain, dat ass net meng. Et ass keng Bündnisverpflichtung do an ech verteidegen an dësem Fall just déi däitsch Interessen.“

Dat ass eng Verdréiung vun den Tatsaachen. Dat ass, d'Recht vum Stäerkeren einfach ze akzeptéieren an ze kapituléieren. An ech soen: Dach, dat Ganzt huet Konsequenzen op Europa an och op Lëtzebuerg, well gewënnt en de Krich, da geet et weider an deenen nächste Länner.

Eng aner Versioun vun där doter Argumentatioun, dat ass déi, fir ze soen – dat hu mer och haut héieren –: „Haalt dach op, den Här Putin ze provoziéieren. Dat ass jo geféierlech.“ Ech soen Iech, a mengen Aen ass näischt maache geféierlech!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | E Putin, deen de Krich gewënnt, ass geféierlech.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | An ech soen Iech, wa mer just nëmme wélten egoisteschen denken a just eisen eegenen Interessi virun den Ae gesinn, dann ass et an eise eegenen Interessi noutwendeg, den Här Putin ze stoppen, fréi Länner ze ënnerstëtzen an dëse Krich ze gewannen, ausser mir hunn en Interessi, der Diktatur d'Dieren opzemaachen.

Et ass a mengen Aen eng absolutt Feelaschätzung ze soen: „Provoziéiert den Här Putin wannechgelift net! Gitt em ëm Gottes wëlle kee Motiv, géint eis virzegoen!“ An ech hunn dat och an enger Rei Mailen, déi ech krut, esou – dräi-, véier-, fënnf-, zéngmol – gesot kritt. Ech mengen, et ass eng total Feelaschätzung.

Ech soen Iech, den Här Putin brauch kee Motiv oder brauch keng Excuse, fir seng Politik ze maachen. E weess genau, wat e wëllt. E wëllt hei d'Ukrain zerstéieren, e wëllt säin Imperium erëm opbauen, an dat mécht e kalbliddeg Schrëtt fir Schrëtt an e riicht sech net dono, ob mer liicht oder schwéier oder keng Waffe liwweren. E mécht dat, wat e wëllt maachen. E brauch kee Virwand, e brauch keng Excuse. A wann en e Virwand oder eng Excuse géif brauchen, da géif e se scho fannen, oder wann e se net fënnt, dann erfënnt e se schonn, an dat ouni Hemmung!

Ech mengen, fir d'Excuse ze gebrauchen: „Mir fueren elo an d'Ukrain eran, well den Här Selenskyj an déi ganz Regierung Nazie sinn“, do muss ech soen, do gesitt Der, mat wat fir enge Rasonementer hei geschafft gëtt. Da kann ee grad esou gutt soen: „Déi Däitsch sinn Nazien“, oder: „D'Fransouse sinn Nazien.“ Da fuere mer riicht weider dohinner. Keen Ënnerscheid. Also wann en et wëllt maachen, fënnt en all Argument. E brauch keent, mee wann en eent brauch, dann erfënnt en et.

Ech soen Iech hei als meng Konklusioun vun deem do Punkt: Angscht ze hunn ass hei feel op der Plaz. Dat Eenzezt, wat zielt, dat ass Stäerkt weisen, well Stäerkt a sech dat Eenzezt ass, wat op där anerer Säit respektéiert gëtt, ausser fir déi Parteien, déi Interessen hunn um Spill mat der Angscht.

Wat mech awer am fundamentaalste stéiert, Här Kartheiser, ech soen Iech dat ganz kloer, dat ass déi Ausso, datt mer keng militäreschen Oprëschtung fir d'NATO bräichten, well ... An dat hutt Der an engem vun de leschten Debaten hei an der Chamber gesot,

an dat war déi Fro, déi Dir gestallt hutt: „Ass dann iergend eng realistesch Perspektiv do, datt Russland géif d'NATO ugräifen?“ Mat der Ausso: „Et ass keng Gefor do.“

Also ech soen Iech, a mengen Aen ass dat hei deen éischten Ugrëffskrich, dee mer an Europa an deene leschte Joren haten, Staat géint Staat, onprovokéiert, grausam, mat alle Moyenen, mat Zéngtausenden onschëllegen Opfer. An da kommt Dir heihinner, an anerer vun Äre Kolleegen, fir ze soen, datt keng Perspektiv do wär, datt fir d'NATO-Länner keng Gefor wär an datt et am Fong kee Problem wär. An d'NATO soll net militäreschen oprëschten a sech prett maache fir ze resistéieren. Do stellen ech mir just d'Fro: Här Kartheiser, wat hätt Der gären? Wellech Zilsetzungen hutt Der? Firwat sot Der esou Saachen? Firwat sot Der esou Saachen?

Dir setzt Iech mat Ärer Argumentatioun europapoliteschen an e ganz komischen Eck – an e ganz komischen Eck! –, an zwar an dee vun de rechtsextreme Parteien hei an Europa.

*(Interruption)*

„Frieden schaffen ohne Waffen“, seet den Här Björn Höcke an Däitschland a weist domat de Wee fir der AfD hir Politik, an e vernimmt déi Gréng als Kriegstreiber an Däitschland. An ech soen Iech, Dir setzt Iech net an den Eck vun deene Parteien, vun deenen Der haart proklaméiert, datt Der vun hinne géift stamen, datt Der se géift respektéieren a mat deenen Der wëllt an enger europäescher Partei sinn, an zwar den Europäeschen Konservativen. Déi Europäesch Konservativ soen nämlech eppes ganz anescht als Politik. Déi Europäesch Konservativ soen dat, wat mer do maachen, dat wat den Här Boris Johnson mat England mécht, mam Vereenegte Kinnekräich mécht, an dat ass eng ganz aktiv Politik, fir der Ukrain ze hëllefen a fir sech där Expansioun vu Russland ze widdersetzen.

Dir hutt selwer och de President vun der aussepolitischen Kommissioun an dem Parlament, am House of Commons zu London, héieren, deen och ganz kloer eng total aner Positioun hat wéi Dir. A souguer, wëll ech hannendru soen, Äre Kolleegen aus där selwechter ECR-Partei wéi Dir, déi polnesch Regierung, wat jo nu wierklech net eis Frënn sinn – wierklech net eis Frënn sinn! –, dat sinn déi, déi am stäerksten d'Ukrain ënnerstëtzen, déi am stäerksten hei e Kurs géint Russland fueren, warscheinlech och, well se wëssen, wat et géif bedeuten, wann et schif géif fir se ausgoen a well se aus Erfahrung schwätzen. Dir musst Iech eng Rei Froe stellen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Dat lescht Argument, dat ass: Et soll ee keng Waffe liwweren an et soll een all Efforte fir en Dialog maachen, a just doraus kéint Friden entstoen.

Domat sinn ech jo am Prinzip honnertprozenteg d'accord. Mee ech stellen awer och fest, datt all déi Diplomatie, déi méintelaang an och virun dem Ufank vum Krich gemaach ginn ass, all deen Dialog, dee gefouert ginn ass, awer schlussendlech gescheitert ass, tragesch gescheitert ass!

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

All déi Regierungschefen, déi dohinner op Moskau gepilgert sinn, déi zu Moskau virgefouert goufen, ob et den Här Borrell, den Här Macron, den Här Scholz war – den Här Bettel huet telefonéiert –, an engem gudde Glawen, mat enger gudder Intentioun fir ze hëllefen an och à la limite souguer ouni Reproche, wat ech hei soen. Mee trotzdem si se virgefouert gi vum Här Putin, deen einfach just dat do benotzt huet,

fir Zäit ze gewannen a fir sech nach besser kënnen op dee Krich virzebereeden.

An ech hunn am peinelchsten – dat soen ech Iech awer och – fonnt, datt den Här Nehammer och nach selwer dohinner gaangen ass während dem Krich, selbsterständlech ouni iergendeppes ze erreechen, net ze schwätze vum Här Gerd Schröder, deen net nëmme peinelch ass, mee och nach vun de Russe bezuelt gëtt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Wéi wëllt Der mat engem schwätzen – Dir sot, kohärent an éierlech misst ee mat em schwätzen –, mat engem Mann, deen amgaang ass, am Moment selwer amgaang ass, d'Leit kalbliddeg ze massakréieren, während en Iech dann op deem selwechten Dësch och nach virféiert? Wéi wëllt Der mat esou engem an dësem Moment Diskussioun féieren, deem Der kee Milimeter kënn trauen, deem seng Ligen dräimol esou grouss si wéi säin topege Verhandlungsdësch, op deem e sëtzt? Wéi kënn Der mat deem verhandelen? Wéi soll dat da goen, deen Dialog dee Moment? Fir en Dialog ze féieren, brauch een net nëmme Kohärenz an éierlechkeet op där enger Säit. Dir braucht awer och e wéineg Kohärenz an e wéineg éierlechkeet op där anerer Säit, soss ass et net méiglech ze schwätzen.

An haut ass nach net d'Zäit vum Dialog. Dat empfangen ech esou. Soulaang hei gekämpft gëtt a soulaang Leit ëmbruecht ginn a soulaang et evident kloer ass, dass op där enger Säit keen Dialog gewollt a gewënnscht ass, solle mer eis dach do näischt virmaachen! Haut wär den Dialog, dee mer géife maachen, just do, fir Zäit ze gewannen a fir als psychologeschen Krichswaff an dësem Moment gebraucht ze ginn.

Haut ass d'Zäit, fir den Ukrainer ze hëllefen, dëse Krich ze gewannen, de russesche Regimm esou ze schwächen, datt en net méi nei kann ufänken oder weiderfuere mat deem, wat en amgaang ass ze maachen.

Iwwert d'NATO, hutt Der gefrot, sollt een e puer Wuert soen. Ech hu fonnt, datt Ären Discours, deen Der gefouert hutt, e kompletten Discours géint eisen Allianzpartner, d'Vereenegte Staaten, war. Esou hunn ech en op jidde Fall ganz kloer empfonnt. An ech sinn op enger total anerer Linn wéi Dir. Ech si frou, datt d'NATO do war. Ech si glécklech, datt d'NATO do war. Ech si glécklech, datt d'NATO net gehierdout war, wéi se virun e puer Méint deklaréiert gi war.

An ech sinn och frou, datt e President wéi de Joe Biden do ass, deen Interessi un Europa huet – hien an den Antony Blinken, déi Europa gutt kennen – an dee sech als Allianzpartner mat eis op déi selwechter Bänk sëtzt. Ech si frou, datt dat esou ass an ech mengen, ech fannen och, datt d'Lëtzeburger Regierung hiert Engagement an der NATO sollt erweideren an datt mer déi Arméidepensen, déi mer ze maachen hunn, sollten an d'Luucht setzen. Mir hu mat der Majoritéit warscheinlech nach eng Diskussioun, wéi schnell a wéi héich mer se sollen an d'Luucht setzen. Mee zumindest si mer awer an där selwechter Zilsetzung dran.

A mir sollen eis dobäi spezialiséieren op dat, wat d'NATO momentan am meeschte brauch, wat eis Kompetenzen ënnersträicht, an der Limit, wann et geet, wou mer och nach e Retour économique hunn. Mee mir müssen awer och, well mer net wëssen, ob eis Allianzpartner ëmmer esou stabil sinn, ... Mir haten e President virduun, deen Europa net esou um Härz geleeën huet, woubäi ech och net weess, wéi et elo an der NATO gaange wär, wann dee viregten amerikanesche President, den Här Trump, nach do gewiescht wär. Ech weess och net, wien d'nächst



Kéier kënn, an dat beweegt eis dozou, datt mer soen, datt mer natierlech an der NATO wëllen integréiert bleiwen, mee datt d'europäesch Defense och muss esou opgebaut ginn, datt mer am Fall vun de Fäll och kënnen independent eis Fräiheet an eis Sécherheet garantéieren.

Dat heescht net eng europäesch Arméi, dat heescht eng Kollaboratioun vun europäeschen Arméien, déi eis Defensefäegkeet an den nächste Joren ënnerstëtzt. An alles dat, wat an déi Richtung geet, ënnerstëtze mir. Well an där Welt, wou mir haut dra sinn, an där Welt, wou mer muer dra sinn, kommen d'Geore vum iwwerall.

Wat d'energiepoliteschen Interessen ugeet, do wollt ech haut elo net drop agoen. Doriwwer hate mer virun e puer Wochen eng Diskussioun, a mir kréien där warscheinlech och nach an der nächster Zäit.

Als Konklusioun wëll ech soen: Fir mech, fir eis ass et esou, datt haut Pazifist ze sinn heescht, datt een der Ukrain hëllef, dës Krich ze gewannen. Well et ass just dat, wat eis an Zukunft de Friden an d'Fräiheet an Europa ka garantéieren.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och dem Här Wiseler.

An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gusty Graas fir d'P. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. De 24. Februar huet ouni Zweifel d'Welt verännert. Den Iwwerfall vu Russland op d'Ukrain, egal wéi laang dee Krich nach dauert, wäert ouni Zweifel an den nächste Joerzénge nach grouss Konsequenzen hunn. Mam Enn vum Kale Krich ufangs der 1990er-Jore war een der Meinung, d'Mënscheheet hätt endlech verstanen, datt, onofhängeg vu reliéis, ethnischen, ideologeschen Ënnerscheeder, d'Méiglechkeet awer géif bestoen, och an Harmonie op dëser Welt ze liewen.

Mee d'Russen hu ganz kloer gewisen, datt se déi Approche net haten an datt se och net drun interesséiert sinn, fir u sech en durable Weltfridde matzeënnerstëtzen. Si hu méi wéi eemol elementaart Völkerrecht mëssuecht, an déi aggressiv Invasiounspolitik – an do schwätzt een elo natierlech net nëmmen eleng vun der Ukrain – huet jiddefalls ënnerstrach, wat wirklech am Gedankegang vun deem Vollek vir sech geet.

Ech erënneren hei zum Beispill un den August 2008, d'Invasioun vu Georgien: Stéchuert „Südossetien an Abchasien“. Mee spéitstens zënter dem Mäerz 2014, no der illegaler Annexioun vun der Krim, wësse mer, wat wirklech d'Attitud vun deem Land ass. Dat huet och dozou gefouert, datt d'Kooperatioun um Niveau zwëschen Russland an der NATO och dee Moment age stellt gouf. An doriwwer eraus huet Russland awer och an deene leschte Joren duerch aner Faite bewisen, wat wirklech seng Interesse sinn.

Ech erënneren zum Beispill drun, datt si Valeure violéiert hunn, déi am Conseil de partenariat euro-atlantique vun 1997 oder an der Deklaratioun vu Roum vun 2002 festgehalen sinn.

Da muss een och nach op aner Punkten hiweisen, zum Beispill hire Rôle am Krich a Syrien oder d'Vertelung, am Dezember 2018, vum Vertrag iwwert d'Mëttelstreckrakéiten a schlussendlech och den Netrespekt vun der Ofmaachung vum Traité „Open Skies“ am Juni 2021.

Och a Moldawie sinn de Moment russesch Truppe stationéiert, Stéchuert „Transnistrien“. D'Russen

hunn och e Virsprong, ouni Zweifel, wat de Cyberdomän ubelaangt. Mir wëssen, an do si mer ganz gutt informéiert, datt se de Moment och ganz aktiv op deem Niveau an der Ukrain sinn an doriwwer eraus awer och an anere fréiere Sojwetrepubliken.

Virdrun ass dat Wuert hei vum „Stellvertrederkrieg“ gefall. Jo, et kann een dat net ganz vun der Hand weisen. De Moment ass effektiv e gewëssene Stellvertrederkrieg amgaangen, wann een eleng kuckt, wéi d'USA sech an deem Konflikt hei implizéieren. Net manner wéi 33 Milliarden Dollar hunn d'USA bis elo schonn do investéiert. Si si jo och bereet, d'Ukrainer elo nach weider iwwert déi militäreschen Aktiounen vun de Russen ze renseignéieren. Si sinn och bereet, dat ukrainescht Militär ze forméieren.

D'Artillerie – dat soen net ech, ech si kee Spezialist, mee dat soe Spezialisten – wäert warscheinlech dës Krich entscheeden. An dowéinst ass et och ze verstoen, datt d'USA, datt Frankräich, datt Kanada de Moment och ganz performant Kanounen un d'Ukrain liwweren. D'USA huet iwwerengs och elo eng Dron geliwwert, d'„Phoenix Ghost“, déi jo anscheinend dann och ganz performant ass.

Datt Kiew de Moment och drun denkt, Donezk a Luhansk zrëckzekréien, ass jo net méi wéi normal. An trotzdeem muss mer oppassen, datt dee Krich hei net weider eskaléiert. Mir wëssen, wat dat fir Konsequenze géif mat sech bréngen.

Op där anerer Säit ass et awer esou – an dat ass dat, wat och ganz schlëmm ass –, datt zum Beispill den Här Lawrow jo och kierzlech deklaréiert huet, datt hie sech och kéint en atomare Schlag virstellen. Et dierf een och net vergiessen, datt d'Russen elo eng nei Rakéit hunn, d'„Sarmat“, déi an 200 Sekonnen Paräis kann erreichen, Berlin an 106 Sekonnen. Ech wollt just drun erënneren: Derteschent läit Lëtzebuerg.

D'Ukrain huet de Moment Schied – an ech bezéie mech do op hir Aussoen – vun 300 % vun hirem PIB; dat mécht ronn 600 Milliarden Dollar aus. An da freet ee sech natierlech: Fir wien a firwat? Ass et dann net normal, datt ëmmer méi eng Ofneigung vis-à-vis vun de Russen entsteet? Well et muss ee sech jo awer wirklech déi kruzial Fro stellen: Firwat, firwat ass iwwerhaupt dee Konflikt, dee Krich do declenchéiert ginn? An da si mer och ganz séier bei der Fro: Wat fir eng Schold huet den Här Putin selwer?

An d'Fro gëtt jo oft gestallt, ob eng eenzel Persoun fäeg ass, historiesch Evenementer matzebeaflossen. A wann een dann e bëssen zrëckkuckt, da muss een och feststellen, datt den Här Putin sech an déi Rei vu Leit areit, déi effektiv weesentlech historiesch Decisiounen mat beaflosst hunn, leider an dësem Fall eng ganz negativ. An duerfir ass et net méi wéi normal, datt een elo scho ganz kloer seet: Egal, wéi dee Krich ausgeet, wa virun allem een herno haart bestrooft gehéiert, ass et ouni Zweifel den aktuelle russesche President.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gusty Graas** (DP) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fro ass hei jo och vun der ADR opgeworf ginn: Wéi ass dann déi zukünfteg Relatioun mat Russland? Am Liewe gëtt et Wonnen, déi schnell heelen, et gëtt der, déi manner schnell heelen, an et gëtt der, déi ni heelen. Déi Wonnen, déi Russland opgeschloen huet, heele mat Sécherheet net schnell a se heele mat Sécherheet och net à moyen terme. An dat muss een haut esou soen. Souguer wann de Krich muer eriwuer ass, wäert eis Relatioun mat Russland sech iwwermuer net normaliséiert hunn, an dat och zu Recht. Et wäert eng länger Äiszeit entsoen. Wann ech elo soen „eis“, implizéieren ech natierlech automatesch och d'Europäesch Unioun mat dran. Eng länger Äiszeit wäert ouni Zweifel dann de Fall sinn.

Et soll ee sech och kengen Illusiounen hignn: Dat wäert Joerzénge daueren, bis déi Relatiounen, déi awer plus ou moins akzeptabel waren, mat där enger oder där anerer Ausnam, sech erëm eng Kéier wäerten normaliséiert hunn. Natierlech, et ass ee kee Prophet. Et weess een eigentlech ni, wéi d'Entwécklung sech wäert duerstellen. Et kënn och eng Kéier warscheinlech den Dag, wou eis Relatiounen sech dann erëm wäerten op deem Niveau ofspillen, op deem se misste sinn. Mee eppes ass ganz kloer: Dat, wat dat Land elo u Misär – an ech soen dat ganz éierlech – iwwert d'Weltbevölkerung bruecht huet, ass inakzeptabel!

Firwat d'Weltbevölkerung? Mee grad dee Konflikt hei ass nämlech amgaang, och eng Welthongersnout ze provozéieren. An herno wäerte mer hei nach iwwer e Gesetz diskutéieren, dat an Zukunft u sech dat och mat wäert reegelen. Mee et kann een elo scho klipp a kloer soen, datt d'Verhale vun der russescher Federatioun dozou bäidréit, datt eng ganz Rei vu Länner an Zukunft ganz seriö Problemer wäerte kréien an datt eng Hongersnout sech do wäert entwéckelen.

Wa mer hei iwwert déi zukünfteg Relatiounen mat Russland schwätzen, da komme mer natierlech och net derlaanscht, e Wuert iwwer eis Relatioun mat China oder och mat Indien ze soen. Wéi steet China do? Wéi steet China zum Konflikt? Wat seet Indien? Mir wëssen awer, firwat Indien sech do zimmlech zrëckhält: well d'Hallschent vun hire Waffeliwwerunge kënn natierlech aus Russland! Ob dat Ursach genuch ass, fir sech dann awer neutral an deem Konflikt ze verhalten, dat sief awer emol dohinnergestallt.

Déi Atrocitéiten – an ech benotze bewusst dat Wuert „Atrocitéiten“ –, déi hei an deene leschte Wochen a Méint an der Ukrain vir sech gaange sinn, sinn einfach inakzeptabel a mussen och ouni Zweifel en Nospill kréien um internationale Strofgerichtshaff: Butscha, Mariupol, wat do vir sech gaangen ass. Ech si bal iwwerzeegt, datt mer, wann de Krich eriwuer ass, nach vill méi Gräueltate matgedeelt kréien, datt mer elo vläicht nëmmen d'Spétt vun Äisbiere kennenleieren an datt dat eis mat Sécherheet och nach doriwwer eraus nom Enn vum Krich ganz staark wäert beschäftegen.

Duerfir soen ech dat ganz kloer hei: Déi russesch aktuell Féierung gehéiert ouni Zweifel virun den internationale Strofgerichtshaff vun Den Haag! Et muss een natierlech wëssen, datt Russland dat net ënnerstëtzt huet. Leider muss een awer och soen, fairerweise: d'USA och net. Mee bon, dat soll eis awer net dovun ofhalen. Duerfir muss souguer d'Fro gestallt ginn, ob net e spezifeschen internationale Strofgerichtshaff an der Ukrain selwer eng Kéier soll instaléiert ginn.

An da verweisen ech awer och op eng Deklaratioun hei vun dem ukraineschen Parlament, Werchowna Rada, vum 14. Abrëll. Si schwätze vun engem Genozid a se beruffe sech do op d'Basis vun der Konventioun vun 1948 iwwert d'Bestrofung vun engem Genozid. Natierlech muss een emol eng Definitioun vun engem Genozid ginn. Wat ass dat? Dat ass u sech d'Zerstéierung vun enger reliéier Minoritéit, vun engem soziale Grupp oder och vun engem ethnischen Grupp.

D'Russe behaapte jo elo, déi ukrainesch Nationalitéit géif et u sech net ginn; hir Sprooch wier e russeschen Dialekt, also misst se quasi zerstéiert ginn. Doraus kann een also ofleeden, datt do awer genozidesch Gedanken dohannert sinn. Ech mengen, och dat soll een op kee Fall hei vergiessen!

An dann ee Punkt, dat ass d'Selbstbestimmungsrecht. An, Här Kartheiser, Dir hutt – mir hate jo elo d'Geleeënheet, nach eng Kéier ënnereneen en

Discours ze féieren op Chamber TV – ganz kloer gesot, d'Ukrain misst en neutrale Staat ginn, misst en neutrale Statut kréien. Ech soe ganz éierlech, dat ass eng geféierlech Ausso, déi Dir do gemaach hutt, eng ganz geféierlech. Wéist Dir firwat? Dir schwätzt hei engem Staat, deen 1990, 1991 onofhängeg ginn ass, deen e Referendum deemools organiséiert huet ... Mat 92,3 % hunn d'Leit sech derfir entscheet: „Jo, mir wëllen onofhängeg ginn. Mir wëlle keng Sowjetrepublik méi ginn.“

Dir erkennt also esou engem Staat d'Recht of, herno ze decidéieren, a wéi ee Bündnis e wëll goen, wéi e sech wëll entwéckelen. Mee ech fannen dat eng ganz geféierlech Astellung. Dat ass awer dat Elementaart. Do gëtt et awer d'UNO-Charta, do gëtt et Helsinki 1975, da gëtt et Paräis 2002 (veuillez lire: Paräis 1990), et j'en passe, wou e Staat awer d'Recht muss hunn, sech selwer ze definéieren, ze soen, a wéi eng Richtung e wëll goen. A wann elo d'Ukrain hei d'Demande gestallt huet, an dat war schon ufangs den 90er-Joren, fir an d'NATO ze kommen – 2008 ass dat zu Bukarest nach verdéift ginn –, mee dann ass dat en elementaart Recht. Ob natierlech herno där Demande Rechnung gedroe gëtt, dat ass erëm eng aner Diskussioun.

Da si mer natierlech och bei der Diskussioun, ob d'Ukrain soll fréier oder spéider an d'Europäesch Unioun opgeholl ginn. Ech weess, dat ass eng relativ delikat Diskussioun. An ech mengen, och do solle mer als Europäesch Unioun eisen Traditionne Rechnung droen. Natierlech mussen hei d'Kopenhagener Kritäre respektéiert ginn.

Och d'Ukrain muss weisen, dass se eeben elementar rechtsstaatlech Prinzippien iwwer hir Institutionen an hirem Land och weiderentwéckelt. Dat ass fir mech ganz kloer. Dat muss eng Evidenz sinn. Mee op där anerer Säit, mengen ech awer, musse mer deem Land, deem Vollek awer elo eng gewësse Perspektiv ginn, fir fréier oder spéider vläicht eng Kéier kennen an d'Europäesch Unioun ze kommen.

Et dierf een och net vergiessen, dass elo net méi spéit wéi déi lescht Deeg den Här Macron jo Iwwerleeunge gemaach huet, wéi sech d'Europäesch Unioun an Zukunft sollt entwéckelen, wou en dann eeben och d'Iddi propagéiert huet, fir eeben Net-EU-Staate vläicht méi enk un d'Europäesch Unioun ze bannen, mat Sécherheet mam Hannergedanken, fir eeben esou Länner wéi d'Ukrain méi enk un d'Europäesch Unioun ze bannen. Ech fannen dat eng Pist, déi op alle Fall iwwerleeënswäert ass. An nach eng Kéier: Et kann een engem Staat net d'Recht ofstreiden, fir sech selwer ze decidéieren, a wéi eng Richtung e wëllt goen a virun allem, wat fir e Bündnis e wëll agoen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gusty Graas (DP)** | Wat eist Verhältnis zur Ukrain ubelaangt, do huet Lëtzebuerg, mengen ech, bis elo eng exzellent Roll gespillt, an dat zu Recht. Ech mengen, mir hu ganz kloer ganz fréi gewisen, dass mer solidaresch si mat deem Land. Mir hu ganz vill Flüchtlingen hei opgeholl. An ech fannen dat och eng human Astellung, déi och ouni Zweifel ze ënnertzen ass. Mir hunn dat mat Sécherheet reng aus philanthropesche Grënn gemaach, aus soss kengen Iwwerleeungen. Dat muss een einfach esou soen.

An dorausser kënne sech natierlech och gewësse speziell Relatiounen mat deem Land iwwert déi nächst Joren entwéckelen. Ech wëll elo eng Kéier eng kleng Parallell maachen: Och mir Lëtzeburger sinn eng Kéier maltraitéiert gi vun Okkupanten. A wat ass geschitt? Et sinn eng Rei vun eis, vun eise Leit, an aner Länner geflücht, sinn do opgeholl ginn. Mir ware frou, wéi déi Alliéiert eis 1944/1945 befreit hunn. An

doduerch ass eng gewësse Frëndschaft – jo, et kann een dat Wuert „Frëndschaft“ benotzen – entstanen.

Also solle mer eis och emol eng Kéier an d'Situatioun vun der Ukrain versetzen. Heescht dat also net automatesch, dass mer deem Land och mussen déi beschtméiglech Ënnerstëtzung ginn?

Dann ass natierlech och vill hei iwwert d'NATO geschwat ginn. Ech soen awer eppes ganz éierlech hei: Wa mer déi NATO net hätten, déi mer elo hunn, a wéi enger Situatioun wiere mer dann elo? Ech maachen eng kleng Parallell zu 1938: Ech sinn haut méi wéi iwwerzeegt, wann 1938 eng Organisatioun wéi d'NATO bestanen hätt, da wier den Zweete Weltkrich net esou ausgaang, wéi en ausgaangen ass.

Also all deenen, a virun allem deene selbsternannte Pazifisten, déi net midd ginn, ëmmer erëm d'NATO dohinnerzestellen, wéi wa se soss näischt am Sënn hätt, wéi nëmmen opzerüsten a Krich ze féieren, deene sollt emol eng Kéier gesot ginn: Et ass eng Verteidigungsgemeinschaft a soss näischt! An déi wäerten awer spéitstens elo erkennen, wéi wichteg et ass, dass mer eng international Organisatioun hunn, déi awer déi richtig Astellung huet, déi net wëll Krich féieren, mee déi sech just fir de Friden asetzt.

An duerfir ass et enorm wichteg, dass d'NATO elo weider gestärkt gëtt an dass mir als Lëtzebuerg elo eisen Apport bréngen. Dat ass net méi wéi normal. Bon, mir beweegen eis de Moment bei plus ou moins 0,7 % vum PIB. Bon, do brauche mer eis net onbedéngt ze bretzen, ech soen dat ganz éierlech. Mir kéinten nach zousätzlech Efforte maachen.

Ech weess, de Verdeedungsminister huet elo e bëssen eng Erklärung ginn: Dat hätt domat ze sinn, dass eise PIB méi schnell géif wuesse wéi deenen anere Länner hiren. Ok, kommt, et ass eng Excuse. Mee et geet awer net duer ze soen, mir missten nach zousätzlech Efforte maachen. An ech mengen, elo misst awer och bal jiddwereen agesinn, wéi wichteg et ass, dass grad e klengt Land wéi Lëtzebuerg, dat total verluer wier, wann et net agebonne wär en esou eng international Organisatioun ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Gusty Graas (DP)** | An dat féiert mech och dozou, zum Beispill e Lien ze maachen zu de baltische Staaten. Ech hat d'Chance, eeben elo iwwert de Wee vum Benelux-Parlament an de leschte Jore vill Relatiounen mat der Baltic Assembly ze hunn. Ma déi Leit hunn Angscht. Déi hu scho jorelaang Angscht. Déi fäerten d'Russen an déi sinn net méi wéi frou, dass se elo agebonne sinn an enger NATO, wou se ofgeséichert sinn. An duerfir ass et och wichteg, dass zum Beispill elo zwee esou Länner wéi Schweden a Finnland ... Hätt ee sech kënne virstellen, wa mer hei virun engem Joer gestanen hätten, hätt een heibanne gesot, Schweden a Finnland géifen eng Kéier an d'NATO kommen?

**Une voix** | Nee.

**M. Gusty Graas (DP)** | Ma dee wier jo duergestallt ginn, wéi wann en awer guer näischt géif vun der internationaler Politik kennen. Do gesäit een, wéi séier dat awer och, ... dass an esou Länner, déi ech héich respektéieren, dass déi sech elo dozou entschloss hunn – an ech fannen dat wierklech formidabel, dass Schweden a Finnland elo, an dat ass jo elo ganz rezent, offiziell d'Demande gemaach hunn –, an d'NATO ze kommen. An ech hoffen och, dass dee Prozess esou séier wéi méiglech iwwert d'Bün geet.

Bon, mir müssen zwar hoffen, dass d'Türken eis do kee Stréch duerch d'Rechnung maachen. Wat ech awer de Combél fannen, dat ass awer wierklech d'Ausso vum Här Putin: Wann deen elo op eemol

ufänt ze droen, well Schweden a Finnland sech erlaben, an d'NATO ze goen, mee wat stellt deen Här sech vir? Also vun esou engem Regimm brauche mer eis awer guer keng Lektouren erdeelen ze loosse!

Au contraire, hie soll vläicht emol an déi demokratéisch Länner kucke goen, soll sech emol vläicht do runner orientéieren. Da géif e warscheinlech keng esou – entschëllegt den Ausdrock – topeg Aussoe maachen. Ech fannen et och, wéi gesot, vu Schweden a Finnland, déi iwwerengs ganz viles an d'NATO scho mat erabrénge ... Si hu jo scho fréier mat der NATO kollaboréiert. Finnland huet 23.000 Berufszaldoten, 870.000 Reservisten. Schweden huet d'Insel Gotland, déi strateegesch och ganz wichteg ass fir d'Zukunft. An dowéinst ass dat méi wéi gutt, dass déi zwee Länner elo der NATO bäitrieden.

Dann nach: Eis Relatioun zur NATO ass jo och hei undiskutéiert ginn. Ech mengen, déi brauche mer net méi ze hannerfroen, mir si ganz kloer en faveur. An duerfir fannen ech och gutt, och wat elo déi Ukrain-kris, dee Krich ubelaangt ... Mir hu jo bis elo plus ou moins 50 Milliounen als Lëtzeburger Staat do investéiert. Mir hunn och eng Rei aner Moosnamen geholl. Ech denken zum Beispill, dass an dem NATO-Bataillon zu Rukla a Litauen och elo sechs Lëtzeburger Zaldoten engagéiert sinn. Dat sinn doudséchcher Initiativen, déi een nëmme kann ënnerstëtzen.

An dann hu mer jo och nach wëlles matzehëllefen, zum Beispill Beobachtungssatellite beim Grenzschutz an deene baltische Länner ze installéieren. Dat sinn u sech Initiativen, déi sech vläicht a priori elo e bësse bescheiden unhéieren, mee et dierf een och net vergiessen: Mir si jo keng Militärmuecht, mee mir sollen awer eise Moyenen no och eise Bäitrag do leeschten!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann ass an der Interpellatioun vun der ADR hei natierlech och iwwert d'Energiepolitik geschwat ginn. Selbstverständlech wëll ech déi och kuerz hei uschneiden.

Da si mer natierlech séier bei de Sanktiounen. A wann ech den Här Kartheiser richtig verstanen hunn, huet en e bësselche seng Reserve vis-à-vis vu Sanktiounen. Ech soen awer ganz éierlech, fir mech ass de Moment d'Pist vun de Sanktiounen déi beschte Waff. An dass se och gewësse Konsequenz ka mat sech bréngen, dass spiere mer jo de Moment ganz kloer.

Et dierf ee jo net vergiessen, dass mir all Dag – mir, d'ganz Europäesch Unioun, d'westlech Welt – fir 450 Milliounen Pétrol a Russland akafen. Et sinn natierlech net onbedéngt eng 450 Milliounen, déi direkt an hir Keess ginn, mee et bleift awer e gudden Deel iwwer. A wat maache se mat deene Suen? Ech mengen, déi Fro ass och ganz séier beäntwert.

Duerfir ass déi Fro iwwer en Embargo, sief dat um Pétrol, sief dat um Gas, sief dat och un der Kuel, eng, déi weiderhi muss diskutéiert ginn. Ech fannen dat och richtig, dass d'Europäesch Kommissioun sech däärs unhëlt. Do besteet jo elo de Gas Coordination Group. Do soll jo d'Versuerungssécherheet um EU-Niveau garantéiert ginn. Ech mengen, de Moment ass dat jo nach net de Problem. Mir kommen elo an eng Period era, wou mer natierlech manner Gas brauchen. Duerfir ass och den Austausch mat Acteure wéi ENTSG, dat heescht dem europäesche Verband vun de Gastransportnetzbedreiwer, wichteg.

Gewosst ass jo awer, dass mer natierlech eng gewëssen Ofhängegkeet hu vu Russland. Wéi gesot: 30 % Pétrol, 40 % Gas, 50 % Kuel. Da si mer natierlech un engem kruziale Punkt ugelaangt. An et muss een och do ganz éierlech sinn: Wa mer deen Embargo weider wëllen héichhalen, wäert dat natierlech och eis schueden. Dat wäert och eiser Economie schueden. Mee da musse mer awer d'Fro stellen, wat priméiert:



Ass et nëmmen eise Wuelstand, oder si mer bereet, engem Vollek ze hëllefen a si mer bereet, eis och fir de Weltfridden anzesetzen? An dowéinst ass et awer wichteg, datt een hei eng ganz kloer an offe Sprooch wäert spille loosse.

Déi ganz Problematik ëm d'Energieversuergung muss een awer vläicht och als Chance fir d'Europäesch Unioun an och fir eist Land gesinn. Mir mussen einfach méi onofhängeg gi vun Energieliwwerungen aus dem Ausland. Wann ech elo „Aussland“ soen, ass dat iwwert d'europäesch Grenzen eraus. Den Term „autark“ ze benotzen, ass vläicht e bëssen ze vill ambitieus, an awer muss ee kucken, fir och maximal eegen Energie ze produzéieren, an do hu mer natierlech nach ganz vill Méiglechkeeten, ugefaangen hei zu Lëtzebuerg. Ech mengen, déi Diskussioun soll elo hei net onbedéngt verdéift ginn, mee mir mussen se awer onbedéngt am A behalen. An duerfir soll een, wéi gesot, souguer déi ganz Situatioun hei vläicht als eng Chance ugesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn et ugangs gesot, dee Krich hei wäert eis leider nach laang beschäftegen, an der Hoffnung, datt e ganz séier eriwuer ass. Mee wann déi Krichsausernanerungen eriwuer sinn, da sinn d'Problemer mat Sécherheet awer nach net geléist. Ech wëll och duerfir hei vun der Geleeënheet profitéieren, der ADR an och der CSV fir déi Heure d'actualité Merci ze soen, well ech der Meenung sinn, datt eist Parlament, esou kleng et och ass, sech awer reegelméisseg soll mat där ganzer Problematik hei ausersetzen.

Et geet hei net nëmmen ëm de Weltfridden, et geet net nëmmen ëm d'Welterdnung, et geet net nëmmen ëm d'Europäesch Unioun, et geet net nëmmen ëm d'NATO, mee et geet och ëm eis eegen Interessen. An hei kënnen och mir als Lëtzebuerger beweisen, wat eis wirklech esou eng Kris wäert ass. An dowéinst bleiwen ech och der Meenung, datt mer reegelméisseg sollen den Debat iwwert déi ganz Entwécklung hei an der Chamber féieren.

Et ass hei e puermol gesot ginn: D'Diplomatie muss priméieren. Jo, dat ass richteg. Mee och d'Diplomatie huet hir Grenzen. Dat wëllt elo net heeschen, datt mer sollen all d'Diskussiounen, all d'Relatiounen ofbrieche. Mee alles, wéi gesot, huet awer och seng Limiten.

Et gëtt jo ewell Stëmme, déi mengen, mir sollten op den Här Putin zougoen a mir sollte gewësse Konzessiounen vis-à-vis vum Här Putin maachen, souguer bis hin zu enger gewëssener Kapitulation vum der Ukrain. Ech soen allerdéngs ganz éierlech: Dat ass dee falsche Wee. Dee Wee solle mer op kee Fall goen! Well wa mer dem Här Putin d'Méiglechkeet bidden, datt e quasi als Vainqueur aus deem Konflikt heierausgeet, gleeft mer es, dann ass et eréischt den Ufank. Da kënnt nämlech nach viles hannendrun.

An ech maachen dann och erëm eng Kéier e Lien zu 1938. Do hat den Här, de Molermeschter, och zum Här Chamberlain an zum Här Daladier gesot: „Maacht Iech keng Suergen. Mir maachen e Friddensofkommen, an dann ass et esou.“ Déi zwee Hären hunn dat och gegleeft, mat de Konsequenzen, déi mer kennen.

Duerfir soen ech ganz éierlech: A Russland an an den Här Putin hunn ech perséinlech null Vertraue méi, awer wirklech null Vertraue méi. An duerfir wier et falsch, elo nëmmen e Minimum u Konzessiounen vis-à-vis vum deem Regimm ze weisen! An ech zitieren iwwerens elo Leit, déi mat Sécherheet méi dovun kenne wéi ech, zum Beispill den Här Tornike Gordadze. Dat ass e Spezialist a Russlandfroen an den huet am „Figaro“ vum 6. Mee geschriwwen: „Chercher une petite victoire pour Vladimir Poutine

serait le prélude à une prochaine guerre qui se déroulerait encore plus près de notre frontière.“ Ech mengen, dat däreft mer net vergiessen. An ech fäerten, datt et och effektiv an déi Richtung géif goen.

Duerfir ofschléissend, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister: Dee Konflikt hei kann nëmme geléist ginn, éischters, wann d'NATO, d'Europäesch Unioun an all hir Alliéiert staark zesumme sinn a weiderhin déi Politik maachen, déi se bis elo gemaach hunn. Nëmme esou ka Russland an d'Knée gezwonge ginn, nëmmen esou ka vläicht de Regimm a Russland falen oder zumindest den Här Putin a seng Vasallen do gekippt ginn. Duerfir mussen mer och an Zukunft déi Politik bäibehalen, fir datt de Weltfridde ka garantéiert ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och dem Här Graas. An den nächste Riedner ass den Här Yves Cruchten fir d'LSAP. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Wa mer haut an dëser Debatt iwwer Russland schwätzen oder iwwert déi Russesch Federatioun, da menge mer natierlech haaptsächlech déi aktuell russesch Féierung an net dat russescht Vollek.

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Eng russesch Natioun mat hirer esou räicher Kultur, hire villen Traditionen, deene ville Vëlker, déi an deem flächeméisseg gréisste Land vun der Welt liewen, eng russesch Natioun, déi och gehollef huet, dass mer virun iwwer 75 Joer vun den Nazie befreit goufen – iwwerens vun deene richtegen Nazien, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... eppes, wat mer hinnen ni vergiesse wäerten. An do deet et engem besonnesch Leed ze gesinn, wann déi Natioun vun hirer Féierung belunn a géint de Westen opgestéppelt gëtt. Mir erliewe grad, wéi geféierlech Desinformatioun ka sinn a wéi mat Fakenews d'Mënsche géintene opgestéppelt ginn.

Ech denken och un déi vill Russen, déi hei am Land liewen an déi näischt mat de Krichsdreier am Kreml wëllen ze dinn hunn. Mir wëssen dat a kënnen do den Ennerscheid maachen!

Ech géif awer gären ufänken, andeems ech dem Här Kartheiser Merci soe fir déi Interpellatioun haut, an och dem Claude Wiseler, datt mer hei eng gemeinsam Debatt kënne féieren.

A während ech dem Här Wiseler bei villem ka Recht ginn, wat e viru Kuerzem hei gesot huet, muss ech awer de Kapp rëselen iwwert dat, wat d'ADR hei zum Beschte ginn huet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, et kléngt ganz gutt, wann hire Vertrieder fir de Fridde plädéiert. An dat ass jo och net falsch. Well mir wëllen dat alleguerten a mir hätten alleguerte gären, dass de Krich direkt ophéiert an esou séier wéi méiglech Friddensverhandlungen kënnen ufänken.

Mee am Endeffekt: Mat där Argumentatioun, déi Der haut hei virbruecht hutt, mécht d'ADR eigentlech dem Putin säi Spill mat.

Ech maachen et emol eng Kéier populistesch an ech verkieren et op: keng militäresch Hëllef fir d'Ukrain, keng Sanktiounen géint Russland. Am beschten heescht dat, mir géife just nach nokucken. An ech

mengen, de Claude Wiseler huet op eng androcksvoll Aart a Weis Är Argumentatiounen, eng no där anerer, ausernanergeholt. Duerfir kann ech mech elo op dat Einfachst konzentréieren.

Et huet een nämlech d'Impressioun gehat, dass et der ADR hire Wonsch wier, dass déi russesch Arméi esou séier wéi méiglech d'Ukrain géif plattmaachen. An an där Logik misste kleng Länner, wa se vu groussen Noperen iwwerfall ginn, einfach kapituléieren.

Mee Dir kënnt Iech sécher sinn – an dat ass och schonn e puermol gesot ginn –: Wa mer den Här Putin gewäerde loosse, da wäert dee sech net zefridde gi mat der Ukrain. Ech komme méi spéit nach emol drop zrëck. Awer eng Fro, déi den Här Kartheiser gestallt huet, op déi huet den Här Wiseler net geäntwert. An ech probéieren Iech awer drop ze äntweren, well si ass wichteg, déi Fro, déi Der gestallt hutt.

Wann nämlech d'Fro ass: Wat sollen déi Sanktiounen, wat sollen dann iwwerhaupt Waffeliwwerungen bewierken? Ma dann ass d'Äntwert ganz kloer: Mir müssen domadder probéieren, d'Ukrain an eng Situatioun ze bréngen, wou op där anerer Säit den Interessi besteet, fir un de Verhandlungsdësch ze kommen. An nëmmen esou kënne mer an Zukunft Friddensverhandlungen ufänken!

De 24. Februar 2022, dee wäert an d'Geschicht agoen als deem Dag, wou déi russesch Arméi d'Ukrain kalbiddeg iwwerfall huet. Bal dräi Méint méi spéit ass de Krich nach ëmmer amgang. Déi russesch Féierung huet déi ukrainesch Resistenz, de Wëlle vun enger ganzer Populatioun, e souveräant Land ze bleiwen, einfach ënnerschat. Dat war dem Här Putin säin éischte Feeler.

Op där anerer Säit wësse mer och, dass de Wladimir Putin seng Truppen och net vu sech aus zrëckzéie wäert. Mir wäerten eis wuel oder iwwer drop astelle mussen, dass dese Krich nach méi laang wäert daueren.

Schonn elo si méi wéi 10.000 ukrainesch Zaldoten an ëm déi 15.000 russesch Zaldoten an deem Krich ëm d'Liewe komm. Wéi vill et der genee sinn, wësse mer net. Besonnesch awer ass et d'Zivillbevëlkerung, wéi esou dacks bei de Kricher, déi enorm leide muss. Vun Dag zu Dag gi mer iwwert d'Krichsverbrieche vum russeschen Aggresseur géint déi ukrainesch Populatioun informéiert.

Dem Wladimir Putin seng Arméi huet Klinicken, Schoule mat Kanner a souguer Hëllef- a Fluchtkorridoren attackéiert a bombardéiert. Den Haut-Commissaire vun der UNO fir Mënscherechter schwätzt vu méi wéi 3.500 Zivilisten, déi bis ewell an der Ukrain ëm d'Liewe komm sinn. An dëst sinn nëmmen d'Zuele vun deene Leit, déi bis elo konnten identifizéiert ginn. Déi reell Afferzuele bei der Zivillpopulatioun wäerten dowéinst nach vill méi héich sinn.

Wéi mer de 24. Februar vun der Invasioun an der Ukrain gewuer goufen, hate mer alleguerten Angscht ëm déi ukrainesch Populatioun. Et sollt nach méi schlëmm komme wéi gefaart. Dem Putin seng Propaganda, an där hien esou mécht, wéi wann d'Ukrainer alleguer Nazie wieren, huet dozou gefouert, dass net nëmmen de Kreml, mee och déi russesch Zaldote komplett de Verstand schénge verluer ze hunn. Déi Propaganda, déi dorop ofziilt, d'Ukrainer ze enthumaniséieren, erënnert dach ganz staark un Episoden aus dem leschte Joerhonnert. D'Billen an d'Zeienaussoe vu Butscha sinn eis nach alleguerten an Erënnung. Et geet rieds vu systematescher Folterung, Vergewaltunge vu Fraen a Männer, Kanner a souguer, et ass kaum ze gleewen, Puppelcher. Dat verschléit engem d'Sprooch.

A wann een esou Saachen héiert, da stellt sech selbstverständlech d'Fro, wéi mir als Europäesch Unioun, mee och mir als Lëtzebuerg reagéiere sollen. Solle mir agräifen? Oder solle mer nokucken an hoffen, dass de Wladimir Putin sech just mat engem Stéckelche vun der Ukrain zefridde gëtt? An dat wäert ganz sécher net de Fall sinn.

An dëser Ried gehéiert et awer och dozou, Feeler anzegestoen. Mir hunn ze laang nogekuckt. 2008, nom Kaukasuskrich, hu mer gehofft, dass de Verstand géif gewannen a mer déi russesch Féierung erëm zur Vernunft géife bréngen. Spéitstens 2014, nom Besetze vun der Krim, hätt et eis awer misse kloer sinn, dass déi russesch Expansiounsdroem vill méi wäit ginn.

Mir hunn, dat muss een haut zouginn, net konsequent genuch reagéiert. Jo, mir hunn éischt Sanktiounen geholl géint Moskau. Mee alles an allem war eis Reaktioun dach schwach a begleet vun der Hoffnung, de russesche Bier géif sech iergendwann berouegen.

Mam Prinzip Hoffnung muss awer elo Schluss sinn! Et ass méi wéi kloer, datt wann déi russesch Invasioun an der Ukrain net gestoppt gëtt, datt et da virugeet mam Verréckele vu Grenzen op eise Kontinent. Wien ass deen nächste? Moldawien? De Baltikum? Neen, d'Weltgemeinschaft dierf net nokucken!

Fir eis ass et ganz kloer, dass et nëmme eng gemeinsam a konsequent europäesch Äntwert ka ginn. Dës ass eigentlech och bis elo gutt gelongen an d'EU huet aus engem Mond geschwat. Et ass och fir eis ganz kloer, dass mir nei Grenzen, déi duerch de Krich gezu ginn, net wäerten unerkennen. Mee mir kënnen net nëmme Wieder gebrauchen. Duerfir ass et och richtig, d'Ukrain militäresch a finanziell an dësem ongläiche Krich ze ënnerstëtzen. A Lëtzebuerg spillt do seng Roll. Fir datt dat och ganz kloer ass: Hei ass net d'Ukrain am Krich mat Russland. D'Ukrain huet net de Choix tëscht Krich a Friden. D'Ukrain huet de Choix, sech ze verdeedegen oder an d'Ofhängegkeet an an d'Oppressioun vum russesche Regime ze geroden.

D'Ukrain huet awer e Recht, sech ze verdeedegen. A mir kënnen kee Friden iwwert d'Kapp vun de Leit an der Ukrain decidéieren. D'NATO kann haut net direkt géint Russland an de Krich zéien. D'Ukrain gehéiert net zu eisen 30 Memberstaaten. An awer si mer net neutral an dësem Krich. An d'Efforte vun der internationaler Communautéit sinn duerfir och villsäiteg. Et gëtt Militärmaterial an d'Ukrain verschéckt. Et gëtt eng finanziell Hëllef. A Russland krut zum Deel ganz restriktiv Sanktiounen operluecht.

Déi russesch Féierung muss verstoen, datt déi Sanktiounen net kuerzfristeger Natur wäerte sinn an datt déi net einfach muer opgehewe ginn. All déi Messuren, fir der Ukrain an dës schwéieren Zäiten zur Säit ze stoen, schéngen awer lues a lues hir Friichten ze droen. Militäresch krut d'Ukrain de Virmarsch vun der russescher Arméi gestoppt a plazeweis souguer zréckgedréckt. Ekonomesch wierken d'Sanktiounen, och wann zu Moskau nach ëmmer eng gutt Minn gemaach gëtt.

Och Lëtzebuerg huet Material op Kiew geschéckt, fir den Ukrainer ze hëllefen, fir eis westlech Wäerter vu Fräiheet an Onofhängegkeet ze kämpfen.

Dir Dammen an Hären, Lëtzebuerg leescht an dësem Konflikt net nëmme finanziell a materiell Hëllef fir d'Ukrain. Mir hunn eis och engagéiert, ukrainesch Flüchtlingen am Grand-Duché opzehuelen. Den Accueil vun de Mënschen, déi aus der Ukrain bei eis geflücht sinn, ass bis elo der Situatioun entsprechend immens gutt verlaf.

Loosst mech vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir Merci ze soen. An éischer Linn gëllt dës Merci alle

Volontairë fir hiren Asaz. Och alle Familien, déi Mënsche bei sech doheem opgeholl hunn, soe mer natierlech e ganz grouse Merci. Är Hëllef ass absolut net selbstverständlech.

**Une voix | Très bien!**

**M. Yves Cruchten (LSAP) |** An ech sinn houfreg, dass zu Lëtzebuerg Mënschen, déi virum Krich flüchte mussen, mat esou oppenen Äerm empfaange ginn. Da géif ech och alle Mataarbechter vun der Caritas, dem Roude Kräiz, awer och dem Service vun eise Ausseministère, souwéi – an dat solle mer net vergiessen – deene ville Gemenge Merci soe fir hiren Asaz an hir Initiativen. Och fir d'Personal vum Fach ass dës Flüchtlingsbeweegung keng einfach Erausforderung.

Eng bal 5.000 ukrainesch Flüchtlinge sinn ewell op Lëtzebuerg komm. Als Erënnerung: 1999 hate mer mat 3.000 Refugié bis ewell dee gréissten Zoulaaf an engem Joer zanter dem Zweete Weltkrich. Mir sinn also no knapp dräi Méint scho bal bei deem Duebelen. Dozou zielen och ronn 400 Mënschen, déi keng ukrainesch Nationalitéit hunn, awer zum Zäitpunkt vun der russescher Invasioun hire feste Wunnsätz an der Ukrain haten.

An der Gestiou vum Accueil vun dëse Mënschen huet d'Aktivéierung vum Statut de protection temporaire eng ganz zentral Roll gespillt. Ouni déi eestëmmege Decisioun vun alle Memberstaate wier et kaum méiglech gewiescht, d'Mënschen esou séier an onkomplizéiert opzehuelen.

No der éischer Phas vun der Urgence gëllt et an deenen nächste Méint, dës Leit och an eis Gesellschaft ze integréieren, och wann déi allermeescht warscheinlech de Wonsch hunn, ganz séier nees zréck an hir Heemecht ze goen. Grouss Efforte sinn hei och scho gemaach ginn. Déi ukrainesch Refugiéer dierfen direkt enger Aarbecht nokommen. Méi wéi 1.000 Kanner sinn an eis Schoulen opgeholl ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen, nach ee Wuert iwwert déi kuerz- a laangfristeg Konsequenze vum Krich an der Ukrain: Wann een d'Billen vun der Zerstéierung vun de verschidene Stied kuckt, da kann ee sech virstellen, wéi laang et wäert daueren, dës Stied, dës Infrastrukturen nees opzebauen. An do wäerte mir allegueren, déi ganz westlech Welt, mussen eng Hand mat upaken. An do gëtt och un d'Aussicht op eng zukünftg Memberschaft an der Europäescher Unioun geduecht.

Dem Putin säi Krich huet och baussent der Ukrain sëlleg aner Konsequenzen. Wat eis Sécherheetsarchitektur ugeet, huet hien d'NATO gestärkt. Zwee europäesch Staaten, déi joerzéngtelaang sécherheetspolitesch neutral waren, hunn elo decidéiert, der NATO bäizetrieden.

Mir begrëssen ausdrécklech, dass Finnland a Schweden dës Schrëtt maachen. Hei dierf ee sech och net vun dem Putin sengen Droungen aschüchtere loossen. D'NATO hält un hirer „open door policy“ fest, an dat ass richtig.

Wann e souveräne Staat engem Bündnis bäitriede wëll, da soll en dat och maache kënnen. Et geet hei net drëms, Russland ze provozéieren. Finnland a Schweden hunn dës Decisioun – net zulescht weinst der Angscht virum de russeschen Expansiounsdroem – getraff, fir de Schutz vun hirem Land an hire Bierger ze stäerken. Gläichzäiteg drécke si domat och ganz kloer hir Solidaritéit mat der Ukrain aus.

D'NATO ass also net geschwächt ginn, mee am Contraire, se ass gestärkt ginn – eng weider Feelskalkulatioun vum Kreml. An ech engagéiere mech hei, dass mer an eiser Kommissioun alles wäerten

druetzen, fir d'Ophuelen, de Prozess vum Ophuelen, vu Schweden a Finnland esou séier wéi méiglech duerch eis Kommissioun an duerch dës Parlament ze kréien.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Yves Cruchten (LSAP) |** Eng aner Konsequenz vum Krich, déi mer och hei am Land wouerhuelen, ass d'Präisdeierecht vun der Energie. De Stroum, de Gas, de Masutt an de Pétrol sinn déi lescht Woche spierbar méi deier ginn. Wien huet et net gemierkt?

Hei muss ee ganz gutt oppassen, dës Entwécklung net komplett de Sanktiounen zouzeschreiwen. Bei der Präisdeierecht vu Produiten, déi um Weltmarché gehandelt ginn, spillen ëmmer ganz vill Facteuren eng Roll. Déi erneierbar Energien hunn dat lescht Joer vill manner Stroum produziéiert, wéi dat geplangt war. Gläichzäiteg ass d'Demande an den USA enorm eropgaangen, fir nëmme déi heiten zwee Facteuren ze nennen. Verschäerft gëtt dat Ganz duerch d'Spekulatioun op de Mäert. An da spillt natierlech och dem Putin säi Krich selwer eng weesentlech Roll.

Fir d'Präisdeierecht ofzefiedere, huet eis Regierung um Energiedesch an am Solidaritéitspak entsprechend Moossname geholl. Mir kréien domat net alles neutraliséiert, mee mir hëllefen awer deenen, déi et am meeschte brauchen.

Ech begrëssen op dëser Plaz gär, dass de sechste Sanktiounspak vun der EU en Embargo op Produiten aus Pétrol virgesäit. No an no sollen d'Memberstaaten ëmmer manner Pétrol a raffinéiert Uelegproduiten aus Russland importéieren, zum Schluss da guer keng méi.

Wat de Gas betrëfft, wäert en Embargo méi schwéier ëmzesetze sinn, mee och dee wäert kommen. Och wa Lëtzeburger Gasliwwerante keng Kontrakter mat russesche Gasfournisseuren hunn, mussen mir eis hei solidaresch weise mat deene Länner, déi dorop uge-weise sinn.

Virum allem am Oste vun der Unioun sinn eng Partie Länner, déi Zäit brauchen, fir sech ëmzestellen. Och wann den Import vu Gas ronn siwemol manner war wéi dee vu Pétrolsproduiten, ass de Gasembargo ëmmerhin e wichteg Zil, fir dem Putin sengem Regime déi finanziell Méiglechkeeten ze huelen.

All déi scho verhaange Sanktiounen isoléieren déi russesch Federatioun a maache se iergendwann nach eng kéier ofhängeg vu China. Sanktiounen si Mëttel, déi laangfristeg wierken. D'Virussetzung duerfir ass, dass se agehale ginn. A mir si frou doriwwer, dass d'Sanktiounen bis elo konsequent duerchgezu ginn a mir wënschen eis, dass dat och esou bleift.

Näischt Schlëmmeres kéint passéieren, wéi wa mer elo géifen ufänken, an der EU ausernanerzebriechen an net méi géifen un engem Strang zéien. Et ass nämlech dat, woumat de Putin eigentlech gerechent huet, an dat war e weidere vu senger Feeler.

Déi aktuell Situatioun ënnersträicht, wéi wichteg et ass, net nëmme vu russescher Energie onofhängeg ze ginn, wat haut net méi ondenkbar ass, mee och d'Dränglechkeet, fir op erneierbar Energien ëmzestellen. Mee déi gréissten an dramatescht Konsequenz, déi mer risquéieren ze kréien, ass eng enorm Hongersnout. Iwwer 45 Milliounen Leit risquéieren weltwäit, un Honger ze stierwen, wa keng Léisung fonnt ginn. Dës ass liiert un de Weesshandel. Russland an d'Ukrain exportéieren zesummen méi wéi e Véierel vum Weess weltwäit. De Krich huet e Mangel an domat eng enorm Präisdeierecht vum Weess provoziert. En plus blockéieren d'Russen op strateegesch Plazen den Export vun ukraineschem



Weess. Déi russesch Blockad muss ennerbrach ginn, fir datt de Weess kann um Weltmarché verkaf ginn an d'Mënsche sech nach kënnen ernieren. Virun allem Afrika an de Mëtteren Oste sinn hei vun der Hongersnoot betroff. Ägypten, d'Tierkei a Bangladesh hunn 2019 méi wéi d'Hallschent vum russesche Weess kaf.

Nodeems déi indesche Regierung de Weekend decidéiert huet, den Export vun hirem Weess ze stoppen, sinn d'Präisser nach eng Kéier massiv an d'Luucht gesprongen. Hei muss ganz dréngend eng Léisung fonnt ginn. An ech erlabe mer, elo wou de Kooperationsminister Franz Fayot hei ass, d'Regierung ze froen, wat international ennerholl gëtt, fir déi Katastroph, déi sech do ofzeechent, kënnen ze verhënnere, an och vläicht, wéi mir do als Lëtzebuerg kéinten hëllefen.

Léif Kollegeginnen, Léif Kollegeen, d'Diplomat ass, wéi scho gesot, nieft de Sanktiounen eist wichtigst Instrument, fir de Krich an d'Leiden, dat de Krich verursaacht, iergendwann ze stoppen.

Wann een dem Generalsekretär vun der NATO, dem Jens Stoltenberg gleewen duerf, dann ass awer eng Victoire fir d'Ukrain guer net méi ausgeschloss. A falls dat da sollt antrieden, da muss mer natierlech och eng Kéier kucken, wéi ee mat Russland erëm un een Dësch kënnt. Mee dat wichtegst an der Diplomatie, dat ass d'Vertrauen.

Russland huet awer säi ganz Vertraue verspillt. Dat Vertrauen nees opzebauen, wäert net einfach ginn. Mir si belunn a bedru ginn. 2014, mat der Annexioun vun der Krim, hate mer nach geduecht, eng diplomatesch Léisung kënnen ze fannen. Ech fäerten, dass et mat der Ekippe ronderëm de Vladimir Putin ganz schwéier gëtt, fir een neit Vertrauensverhältnis opzebauen. D'Hoffnung bleift bestoen, dass sech eng Opposition a Russland fënnt, déi deem Schrecken hei och iergendwann en Enn setzt.

Egal wéi si mer awer an engem neien Ament. Hate mer an de leschte Joerzénge alleguerten de feste Glawen, dass d'Zäit vun de grouse Konflikter eriwier, egal op kal oder waarm, sou muss mer eis haut leider agestoen, dass och am 21. Joerhonnert Verschiedener just d'Recht vum Stärkere wëllen unerkenne mat alle Konsequenzen, déi dat huet: méi Oprüstung, méi Ofrüstung, méi Géintenee wéi Kooperatioun, méi Gefor wéi Sécherheet. Et gëllt och dat ze bedauern, grad an enger Zäit mat risegen Erausforderunge fir déi ganz Mënscheit.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och dem Här Kruchten. An déi nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Stéphanie Empain fir déi gréng. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt, fir unzefänken, och Merci soen, dass mer dës Interpellatioun an d'Heure d'actualité haut konnten hei zesumme beschwätzen. Et ass e wichtige Sujet, wou ech wierklech frou sinn, och iwwert dat, wat meng Virriedner bis elo gesot hunn. Do sinn e puer Messagen, déi mir och ganz um Häerz leien an déi ech esou wäert an där Form op déi eng oder aner Aart a Weis widerhuelen.

Ech wëllt awer, fir unzefänken, op den Titel vun dëser Interpellatioun zrëckkommen, deen do laute: „Krim, Donbass, Ukrain – an elo?“ An ech hoffen och, dass ech dat net ganz falsch verstanen hunn. Esou wéi dat do ugedeit gëtt, do tëscht den Zeilen, dass d'Krim an den Donbass als Territoiren duergestallt ginn, déi

völkerrechtlech guer net méi zur Ukrain géife gehéieren ... Wann d'Fro elo folgendermoosse gestallt gi wier, zum Beispill: „Georgien, Belarus, Ukrain – an elo?“, dat hätt dem Fait méi Poids ginn, dass Russland zënter Joren a sengen Nopeschlänner eng Politik verfollegt, déi elo mam Ugrëffskrich op d'Ukrain en neien Déifpunkt erreecht huet. An do si mer dann och elo genau am Theema dran, nämlech dass mer eis haut mat enger internationaler Situatioun konfrontéiert gesinn, wéi mer eis se virun engem Joer, vläicht och viru sechs Méint esou net hätte kënnen oder wëlle virstellen. An et geet haut wierklech net drëm, verstoppte Justifikatiounen fir dës Aggressioun ze sichen oder ze fannen.

D'Ukrain hat net wëlles, Russland unzegräifen. Se hat net wëlles, eng Atomwaff ze bauen. D'Ukrain muss net entnazifizéiert ginn an et ass och net d'Osterweiterung vun der NATO, déi als Erklärung fir dëse Krich iergendwéi misst hierhalen. Et gëtt kee Grund, wisou een de Feeler elo net sollt bei deem sichen, dee fir dëse sennlose Krich an déi sëlloch Verbrieche, déi hei begaange ginn, verantwortlech ass. An dat ass deejéinegen, dee seng eege Bevëlkerung mat all Zort vu wüste Lige fiddert, fir hinnen dës speziell „Operation“, wéi e se nennt, schmackhaft ze maachen.

Déi ëstlech Länner sinn der NATO bägetrueden, well se sech vu Russland bedrot gefillt hunn. Zu Recht, wéi mer haut gesinn. A mir dierfen eis haut vläicht zu Recht d'Fro gefale loossen, ob mer dat do net hätte kënnen verhënnere, nämlech wa mer d'Ukrain an d'NATO opgehol hätt. De Putin huet d'Ukrain nämlech net ugegraff, well e sech vun der NATO bedrot gefillt huet, mee well e sech vun der Ukrain, an net vun der NATO, bedrot gefillt huet.

*(Interruption par M. Fernand Kartheiser)*

Natierlech kann ee sech haut aus der westlecher Fotell eraus alles schéin zurechtleen a soen, de Weste wier hei net onschëlleg, de Putin wier iwwer Joren an den Eck gedréckt ginn. Déi Analys, déi verkennt awer, dass mer hei vun eegestännege Staate schwätzen, déi e Recht drop hunn, sech hiert Bündnis fräi erauszesichen an déi net dozou verdaamt mussen sinn, bis an all Éiwegkeet engem Dasein vun ennerdrückte Vasallestaate mussen ze fristen.

Déi russesch Attack op d'Ukrain beweist hir Bereetschaft, den héchsten Niveau vu militärescher Aggressioun anzusetzen, ouni Rücksicht op legal oder humanitär Consideratiounen. Dat alles kombinéiert mat Cyberattacken, enger konsequenter Manipulatioun vun der Informatioun an enger aggressiver nuklearer Rhetorik.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

D'NATO ass e Verdeedegungsbündnis, keen Offensivbündnis. D'NATO huet och an dëser Kris bis zulescht versicht, alles ze evitéieren – alles! –, wat hätt kënnen als Provokatioun gedeit ginn.

An de russeschen Interessen, grad och hire Sécherheitsinteressen, wär vill méi gedéngt gewiescht, wa se sech widerhin als Acteur vun der internationaler Gemeinschaft u Grondregele gehalen hätten. Da wieren haut vill manner NATO-Truppen un der Ostgrenz stationéiert, d'NATO hätt net déi Daseinsberechtigung wéi déi, déi se Stand haut erëm huet, Russland wier als Member vun de G8 als Partner um Dësch. Et géif keng Sanktiounen ginn an et géif och keng Waffeliwwerungen un d'Ukrain ginn.

Et ass nun emol esou, dass et justum dem Putin seng aggressiv Politik ass, déi genee dat bewierkt, wouvirdun en déi ganzen Zäit gewarnt huet. Et ass dem Putin seng Politik, déi dofir gesuergt huet, dass d'NATO-Länner haut méi no beienee geréckelt sinn,

dass Däitschland seng Politik iwwer Bord geworf huet, dass Finnland a Schweden hir Kandidatur fir d'NATO gestallt hunn an dass haut méi NATO-Fligere iwwer eise Käpp zirkuléieren, dass d'Ukrain mat Waffe beliwwert gëtt an dass et Sanktiounen reent.

An dofir géif ech och gär e puer Wuert zu de Waffeliwwerungen soen. Dass europäesch Länner sech massiv u Waffeliwwerungen bedeelegen, ass en neie Moment. Och Lëtzebuerg bedeelegt sech un dëse Waffeliwwerungen a mir sinn do dohannert. Dofir wëllt ech awer op dat dach erstaunlech Argument zrëckkommen, dass dës Waffeliwwerungen zur Eskalatioun géife bäidroen an dass mir domadder awer en dubiéise Regime an der Ukrain géifen ennerstëtzen.

D'Eskalatioun, déi huet stattfonnt, mee dat war, wéi Russland mat Truppen an d'Ukrain amarschéiert ass. Se huet stattfonnt a fënnt nach ëmmer statt, wa Rakéiten op Stied geschoss ginn. Se fënnt statt, wann Ziviliste massakréiert a vergewaltet ginn, wa landwirtschaftlech Fläche verminnt ginn, wa flüchtend Leit um Quai vum Zuch ugegraff a geziilt Schoulen a Maternitéen ugegraff ginn.

Der Ukrain ze hëllefen, sech géint esou eng barbaresch Aggressioun ze wieren, ass sécher net dat, wat een angesichts vun all deem sollt als Eskalatioun bezeichnen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | 2015, wéi all déi Mënsche virun dem Assad a sengen Truppe mat Ennerstëtzung vum Putin geflücht sinn, do hu sech verschidde Leit gefrot, wisou déi Leit all aus hirem Land flüchten, se sollten dach fir hiert Land kämpfen. Dat selwecht huet een 2021 am Kader vum Afghanistan héieren. Wann dann am Joer 2022, also kuerz drop, d'Ukrainer genee dat maachen, da gëtt vun deene selwechte Leit hei gefuerdert, se an deem Kampf eleng ze loossen an hinne keng Waffen ze liwweren, fir géint eng Groussmuecht unzukommen. Dat ass eng Logik, déi sech mir komplett entzitt. Och déi Iwwerleeung, Waffeliwwerungen wieren net verëenbar mat enger Friddenspolitik, ass einfach vill ze kuerz gegriff. Déi Zort vu verfeeltm Friddensaktivismus, deen doranner besteet, fräi Mënschen dozou ze verdamen, ze kapituléieren a sech enger Diktatur ze ennerwerfen, setzt sech eeben net fir Fridden an, mee fir d'Recht vum Stärkeren.

A wann dat alles awer grad vun där Partei kënnt, déi sech heiheim laut hiren eegenen Infobliedercher asetzt fir d'Famill, d'Sprooch, d'Kultur, den Naturschutz, d'Land a seng Bierger, déi dofir plädéiert, dass eis räich Kultur – also d'Geschicht, d'Traditiounen, den Denkmalschutz, de Patrimoine – méi geschat a geförderst misst ginn, dat sief elo mol esou dohinner gestallt, ob dat dann och esou ass. Mee fir dësen Exercice soe mer mol jo. Dat géif jo da bedeiten, dass grad déijéinegen, déi fir sech an Usproch huelen, alles dat heiheim ze schützen, dann awer och déijéinegen sinn, déi allen anere genee dat ofspriechen, nämlech, fir de Schutz vun hirem Patrimoine, de Familljen, jo dem ganze Land ze kämpfen an dofir déi néideg Moyenen ze kréien. Wien hei behaupt, Waffeliwwerungen géifen op Käschte vun den Ukrainer goen, deen huet a mengen Aen den Norde komplett verluer.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Wann eent vun eisen Nopeschlänner eis esou géif iwwerfale, wéi Russland dat mat der Ukrain gemaach huet, da géife mir all heibannen un déi international Solidaritéit appelléieren, fir eis ze hëllefen, dat alles ze schützen, wat eis léif ass, a fir géint den Aggressor

virzegoen. An da géife mer all heibannen hoffen, dass déi international Solidaritéit an d'Gemeinschaft eis net esou géifen hänke loossen, wéi Dir elo propo- séiert, et mat der Ukrain ze maachen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Fannen ech dat gutt, dass mer Stand haut op engem Punkt ukomm sinn, wou d'Diplomatie kaum eng Roll méi spillt? Natierlech net. Deen Zenario, an deem mir grad ënnerwee sinn, huet sécherlech keen heibanne sech gewünscht. Mee hei ze behaupten, hei géif Krichsbegeeschterung opkommen, dat ass einfach un den Hoer erbäigezunn. Mir hunn et mat Diplomatie versicht, laang, an ouni Erfolleg.

Mir hunn duerno Sanktiounen ugekënnegt, déi bëlle- gend a Kaf geholl gi sinn. Mir hunn dës Sanktiounen no an no ausgeweit, fir elo op engem Niveau vu Sank- tiounen ukomm ze sinn, deen et an där Form esou nach net ginn ass. An alles dat huet déi russesch Re- gierung bis elo net dozou beweegt, zrëck un de Ver- handlungsdësch ze kommen. Au contraire, no an no hu se sech och aus der OSZE an dem UNO-Mënsche- rechtsrot zrëckgezunn, respektiv erauswiele gelooss.

Mir hunn et haut do mat engem Regimm ze dinn, deem näischt, awer och guer näischt méi un interna- tionaler Kooperatioun geleeën ass. A mir wëssen elo, dass Russland trotz alle Sanktiounen dee Krich nach laang weiderféiere kann a viraussichtlech och wei- derféiere wäert. Si hu genuch militärescht Material. Si hunn e risegen Territoire, dee räich u Rohstoffe ass. Si kommen eng ganz Zäit och ouni fräien Handel aus.

Dat heescht awer net, dass all dës Sanktiounen sënnslos sinn. Mir kënnen angesichts vun dëser Aggressioun net einfach business ass usual maachen a just un eis eege kuerzfristeg Interessen denken. An ech soen hei och kloer „kuerzfristeg“, well laangfristeg ass eis sécher net gedéngt, mat engem soi-disant Partner ze schaffen, deen eis blann Kooperationsbereitschaft notzt, fir eis als Geisel ze huelen an eis mat eisen eegenen Ofhängegkeeten ze erpressen.

Et geet elo och drëm, déi Zäit nom Krich scho mat un- zedenken. Wéi vill a wéi laang wäert Russland sech nach vum Gros vun der Weltgemeinschaft isoléie- ren? An natierlech geet et och drëm, wéi en Impakt dës Isolatioun op déi russesch Gesellschaft an op déi russesch Politik huet.

Mer gesinn, dass déi Sanktiounen kuerzfristeg kee spierbaren Impakt hunn, mee et dierf een awer do- vunner ausgoen, dass se laangfristeg hiren Effekt däitlech weise wäerten, dat soen op mannst d'Ex- perten, déi drop hiweisen, dass et Méint, jo souguer Joere kann daueren, bis d'Konsequenze vu Sanktiou- nen däitlech ginn.

Et si Logistikkentreprisen, déi sech aus dem Land erauszéien: keen Tourismus méi, keng Bedeele- gung méi u sportlechen oder kulturellen Events, eng Wirtschaft, déi just am Krisemodus operéiert, enorm Inflation, Verloscht vun Honnertausenden Aarbechtsplazen. Alles dat ass kuerzfristeg ze er- droen, mee op laang Siicht wäert dat en Impakt op déi russesch Politik hunn – an hoffentlech och dorö- ber, erëm zrëck un de Verhandlungsdësch ze kom- men. Well dat muss ëmmer dat ultimt Zil sinn: Esou schnell wéi méiglech op dee Punkt ze kommen, wou Konflikter net mat Waffe geléist ginn, mee duerch den Dialog.

D'Viraussetzung ass natierlech, dass den Dialog éier- lech gewünscht ass an déi Bereitschaft, muss een awer soen, gesäit een aktuell beim President Putin net.

Kloer ass awer och, dass dat alles net ouni Konsequenze fir eis selwer bleift. Och mir kréien de

wirtschaftlechen Impakt vun dëse Sanktiounen ze spieren. Déi ekonomesch Relance nom Covid gëtt duerch de Krich an der Ukrain carrement erstéckt. D'Liwwerkette gi beanträchtegt, d'Präisser klammen, Stéit mat nidderegem Revenu hunn et richtig, richtig schwéier, well se scho virdrun d'Enner nëmmen nach schwéier beienee kritt hunn, awer och vill Betriber, kleng a mëttelstänneg Betriber virun allem, déi keng enorm Récklagen hunn an deemno wéi nach duerch d'Pandemie ugeschloe sinn, leiden ënnert den héije Präisser.

Dobäi ass et kloer, dass eng staark a resilient lëtze- buergesch Wirtschaft och ofhängeg ass vun enger staarker an nohalteger europäescher Wirtschaft. Mir sinn als klengt an oppent Land ugewise op eis wirt- schaftlech Partner an der EU. Eis Industrie, zum Bei- spill, ass zu groussen Deeler ofhängeg vum däitsche Marché. Wann et hinne schlecht geet, huet dat och direkt ekonomesch Konsequenze fir eis.

Dofir mécht et hei och kee Sënn, reng national ze denken. Mir müssen als EU gemeinsam Léisunge sichen an eis net ausernanderdrewe loossen. Dat be- deit, dass mer um Niveau vun de Sanktiounen vläicht net iwwerall esou séier weiderkommen, wéi mer eis et géife wënschen. E Pétrolembargo gëtt jo dis- kutéiert, scheitert de Moment awer nach un een- zelne Retizenzen, déi ze vill negativ Konsequenze fir déi eege Wirtschaft fäerten. A wat de Gasembargo ubelaangt, do mussen mer feststellen, dass ze vill Schwéiergewichter an der EU carrement ofhängeg si vu russeschem Gas, obwuel dës Ofhängegkeete grad amgaange sinn, am Rekordtempo ofgebaut ze ginn. Mee mir sinn elo Afier vun eiser eegener europä- escher Energie- a Wirtschaftspolitik.

Ze laang goufen Zeechen aus Russland – awer net nëmme vun do – ignoréiert. Ze laang gouf igno- réiert, wéi mer eis Liwwerketten op ganz, ganz wa- ckeleg Bee gestallt hunn. An ze laang gouf op fossill Energie gesat, déi eis op all Niveau an eng desastréi Situatioun eramanövréiert hunn. An natierlech ass et elo schwierig bis onméiglech, an e puer Méint alles dat ze redresséieren, wat iwwer Joerzénge ver- schweesst an op déi laang Bänk gedréckt ginn ass. Dobäi ass Energiesécherheet quasi den A an O fir eis wirtschaftlech Interessien. Mir gesi jo, wat fir en enormen Afloss de Krich op déi europäesch Energie- mäert huet.

Et ass de ganz fragile geopolitische Kontext, dee grad eng grouss Onsécherheet fir d'Wirtschaft, fir d'Energieversuergung a fir d'Energiepräisser duer- stellt, dëst parallel zu den Erausforderungen, déi d'Energietransitioun souwisou scho fuerdert. Et ass also elo méi wichtig wéi jee, eng europäesch Resi- lienzen, grad am Energieberäich, opzebauen, fir dass déi Waff vum Kappe vun der Energie an Zukunft net méi esou ka géint eis gedréit ginn.

An Energiesécherheet ustriewen ass gläichbedeitend mam Ausbau vun den erneierbaren Energien. Dat ass aktuell ee vun de gréisste gemeinsamen Interessien, deen eis undreift. An dat ass natierlech och ëmwelt- politesch gesinn eng Chance fir d'Zukunft. Nach si mer awer laang net do!

An och wa mir als Lëtzebuerg net esou staark be- traff sinn, wat d'Energieversuergung par rapport zu Russland ubelaangt, ass et elo méi wichtig wéi jee, Solidaritéit mat den aneren EU-Memberstaaten ze weisen, déi staark ofhängeg sinn, an als Energie- unioun och zesummenzehalen.

Et weist eis awer och, wéi wichtig et ass als Land, wat seng Energie majoritär importéiert, staark Kooperatiounen mat EU-Memberstaaten ze hunn am Beräich vun den erneierbaren Energien, zum Beispill

Offshore-Wandparken, an eis Beméiungen an deem Beräich weiderzeféieren an ze verstärken.

Et weist eis och, wéi wichtig et ass, op d'Elektromobilitéit ze setzen an och hei, wat de Batteriemana- gement ubelaangt, déi zirkulär Economie konsequent weiderzedriewen. Jo, Batterië fir Autoe brauche Res- sourcen, se hunn en Impakt, mee wat dës Ressourcen ubelaangt, hu mer d'Méiglechkeet, iwwer Liwwerket- tegesetzter, géint déi Dir jo sidd ... Kobalt brauch een iwwregens an där neier Generatioun vu Batterien emol net méi.

Mir kënnen, wéi gesot, derfir suergen – an dat huet d'EU och gemaach –, dass Batterien esou musse konzipéiert sinn, dass se recycléierbar sinn, soudass dës wäertvoll Ressourcen ëmmer erëm an de Kreeslaf kënnen kommen, net wéi Pétrol, dee mer einfach ver- balleren, deen eis Ëmwelt verschmotzt a mat deem mer, wéi ganz aktuell ganz däitlech ze gesinn ass, och Kricher finanzéieren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Well jo, et ass e politesche Message, wa mer elo iwwer e Pétrols- embargo vis-à-vis vu Russland schwätzen a kucken, deen ëmzesetzen. Dann awer ëmsou méi aus anere Länner, wou et – ech soen et elo mol ganz diploma- tesch – demokratesch och net esou ideal ofleef, ze importéieren, dat ass och net „der Weisheit letzter Schluss“. D'Léisung ass kloer net, eis an aner Ofhän- gegkeeten ze beginn, mee eis méi breet opstellen a virun allem, eis duerch d'Energietransitioun op eege Féiss ze stellen.

Wat de Gas ubelaangt, do si mer zu Lëtzebuerg an enger manner besuergneserreegender Situatioun, wat den Approvisionnement ubelaangt. Mir sinn do an enger gemeinsamer Zon mat der Belsch, iwwert déi mer de Gros vun eise Liwwerunge beziéien. An do kënnst eis, wéi gesot, zegutt, dass d'Belsch Import- capacitéiten huet, déi hir Besoinen iwwersteigen an dass si hir Importer net haaptsächlech aus Russland beziéien, mee aus Norwegen a Groussbritannien. A gläichzäiteg huet d'Belsch och ee vun de gréissten Häfen an Europa fir Flësseggas.

Et gëtt awer eng Partie EU-Länner, déi net an esou enger favorabler Situatioun si wéi Lëtzebuerg, an dofir ass et wichtig, dass mir och an dëser Fro als ganz EU zesummenhalen. Mir wëllen de Feeler wierke- lech net begoen, eis hei ze splécken a soumat genau dat ze maachen, wat de Putin déi ganzen Zäit probéiert huet, nämlech d'Unitéit vun der Europäescher Unioun ausernanerzedriewen.

Aktuell ass d'Versuergungssécherheet, wéi gesot, fir Lëtzebuerg garantéiert, wat awer net heescht, dass mer eis zeréckleene kënnen. D'Präisser erreeche Re- kordhéichten. Am Moment hu mer eng extreem vo- latil Situation op den Energiemarchéen an et kann och kee viraussoen, wéi sech d'Energiepräisser wäer- ten entwéckelen.

D'Regierung huet dofir um Energiedësch a bei der Tripartite Mesuren ergraff, fir d'Präishaussen ofzefie- deren a virun allem fir deene Leit ze hëllefen, déi am mannste Revenu zur Verfügung hunn. Des Weiteren huet d'Regierung den neie Klimabonusprogramm lancéiert, wou et de Leit nach méi einfach gemaach gëtt, fir op fossillfräi Alternativen ëmzeklappen.

Mëttelfristeg ass natierlech d'Zil – mir müssen dat maachen –, fir d'Energietransitioun weider konse- quent unzuegoen, fir esou séier wéi méiglech onof- hängeg vu fossillen Energien ze ginn.

Mee ech wollt nach eng Kéier zrëckkommen op déi geopolitisch Situatioun an eis zukünfteg Beziéiun- gen zu Russland. Ech mengen, et ass kloer: De Putin



huet sech an och säi Land an eng Sakgaass eramanövréiert. An éierlech gesot, ass et och schwéier, en Zenario erauszekristalliséieren, ënnert deem e Verhandlungsdéisch Erfollegschancen hätt, fir de Konflikt elo ze léisen.

A mir stellt sech schonn eleng d'Fro vum Opkläre vun de sëllege Krichsverbrieche an dem Bedürfnis vun der ukrainescher Populatioun, d'Täter als Krichsverbrieche virun d'Gerichter zu Den Haag ze bréngen. Well schonn eleng dës Fro riskéiert, d'Diplomatie zum Scheitern ze bréngen.

Ech ka mer kaum virstellen, dass eng russesch Regierung engem Accord géif zoustëmmen, an deem de Wee op Den Haag net ausgeschloss wier. A gläichzäiteg ass et fir d'Ukrainer awer net denkbar, en Accord guttzeheeschen – dat ass komplett novollzéibar –, wou déi Responsabel vun all deem Leed net zur Rechenschaft géife gezu ginn. Wéi kann een och Relatiounen normaliséieren mat engem Land, wa kee vun de Schëllege muss Responsabilitéit iwwerhuelen? An trotzdeem muss dat jo nach ëmmer d'Zil sinn. Iergendwann ass dës Krich eriwuer. A sollt d'Diplomatie kënnen eng Roll spillen, fir dësen Ament no vir ze zéien, da sollt all Méiglechkeet hefir ausgeschöpft ginn. Et schéngt mer awer kloer, dass, egal wéini dee Moment ass, et e „Virdrun“ an en „Duerno“ wäert ginn.

D'Normalitéit wäert an Zukunft anescht ausgesinn. Mir mussen natierlech kucken, mat Russland zu enger friddlecher Koexistenz ze kommen, wat mat Sécherheet aktuell awer ganz schwéier virstellbar ass an duerch deen héije Grad un Aggressivitéit an och Geschichtsverdréiung warscheinlech net fir haut an net fir muer wäert sinn.

Virun allem dierfe mer awer net esou naiv oder blann an déi nei Situatioun eragoen, wéi mer aus där aler Situatioun erauskomm sinn, well zënter Jore versicht Russland, westlech Länner ze destabiliséieren: Amëschung a Walen, Fakenews, Propaganda, Finanzéierung vu Parteien um rietse Bord, Cyberattaken. A mir hunn zu engem groussen Deel ewechgekuckt, well eis dru geleeë war, déi wirtschaftlech Zesummenaarbecht net ze gefäerden. Mir wäerten eis an Zukunft där Realitéit net verweigeren dierfen a wäerten eis mussen upassen un eng Welt, eng nei Welt, déi manner globaliséiert ass, wou Ofhängegkeete reduzéiert ginn am Géigesaz zum aktuellen Zoustand, wou en héije Grad un Interdependenz och laang als Garant fir de Friden ugesi ginn ass. An au contraire si mer eis awer elo schmärerhaft bewusst ginn, dass ze héich Interdependenzen eis erpressbar a vulnerabel gemaach hunn.

Ech wéilt awer och nach op den Impakt op d'NATO an op eis Roll an der NATO an och an der EU agoen, well och d'Defense – souwuel, wéi gesot, déi europäesch wéi um Niveau vun der NATO – wäert laangfristeg vun den aktuelle Geschehnisse geprägt sinn.

Déi kollektiv Verdeedegung huet heimadder e ganz neie Moment kritt, wat en Impakt op d'Eenegkeet innerhalb vum Bündnis huet, op d'Budgeten, déi zur Verfügung gestallt ginn, op strateegesch Iwwerleeungen, op Capacitéiten, operationell Verfügbarkeeten an esou weider. An dat alles kënnt net vun ongeféier.

Eng vun de ganz onerfreeleche Lektione vun de leschte Wochen a Méint war nämlech, dass mer definitiv erëm an engem Zenario ukomm sinn, wou d'Recht vun Stärkere priméiert a wou d'Souveränitéit vu klengere Länner schnell ënnert d'Rieder ka kommen. An eleng ka kaum e Land esou enger Aggressioun standhalen, a kee Grad un Diplomatie konnt dorunner iergendepes änneren. Fir deem

eppes entgéintzesetzen ze hunn, brauch een eng Position de force. Mir brauchen dofir eng staark EU, mir brauchen dofir eng staark NATO, fir aus där Positioun eraus agéieren ze kënnen, mee virun allem och, fir preventiv ze wierken, andeems vun Ufank u kloer ass, dass de Präis fir eng Attack op NATO-Territoire ganz, ganz héich ass.

A jo, Lëtzebuerg ass en Deel vun dësem Bündnis an huet do och als zuverlässige Partner säi Bäitrag ze leeschten. Dat heescht net, dass mir elo drop hischafen, dat 2 % -Zil ze erreechen. Mir haten déi Diskussioun schonn hei. Op 1,7 Milliarde pro Joer – haut sinn et 450 Milliounen pro Joer – misste mer eropgoen, wa mer op 2 % vum PIB wéilte kommen. Domadder kéinte mer all dräi Joer en F-35-Programm lancéieren oder all Joer en Observatiounssatellit kafen oder en Transportflieger. Mee eis Arméi kéint déi Projeten iwwerhaapt net geréieren.

Ma och 1 % vum PIB ass fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg mat deem PIB, dee mir hunn, enorm. Eise PIB spilt einfach eng immens grouss Roll, an dozou kënnt eeben, dass eis Arméi och limitéiert am Manpower ass. Mir hunn an der Lescht gréisser Investissementer getätet, an déi sinn och wichteg. Mir kucke jo och a Beräicher ze investéieren, wou mer, éischters, a multilaterale Strukturen „Pooling and Sharing“ kënnen maachen a wou mer och eng Plus-value bidde kënnen.

Déi Investissementer bedeiten och, dass een da kuerzfristeg e Peak am Budget huet, dee gutt ausgesäit. Mee wann déi Projeten herno keng héich Exploitationskäschte méi hunn, da sackt een einfach och erëm schnell of. Däers muss ee sech och bewusst sinn. A mir hunn nun emol keng Force aérienne, keng Marin. Do kann een net schnell säi Budget lassginn. An dat sinn hei keng Excusen, wéi den Här Graas gesot huet, et sinn Erklärungen. An och net ze vergiessen, dass mer vu ganz, ganz wäit ewech kommen an ee bei esou eppes och net vun haut op muer en Hiewel ëmgeluecht kritt.

Dofir ass de Volet Space awer e Beräich, dee fir eis interessant ass a wou mer eis jo och staark dranner investéieren.

Bon, ech kann awer trotzdeem net soen, dass déi aktuell Iwwerleeungen an der NATO guer keen Impakt op eis hätten. Dat wier och irrealistes. A wéi de Minister Bausch eis an eiser Sëtzung Enn Mäerz iwwert den Effort de défense och versprach huet, wäert hien och nach eemol bei eis an d'Kommissioun kommen, elo deemnächst, fir eis am Virfeld vum NATO-Sommet zu Madrid nach eemol op deen neiste Stand ze setzen.

Mee wa mer dann iwwer eis Plaz an der NATO an an der Europäescher Sécherheitspolitik ze schwätze kommen, da muss mer awer och festhalen, dass mer aktuell net just an engem Kader liewen, dee vum Ukrainkrich geprägt ass, quitte dass dee predominéiert. Mir dierfen hei de ganz breede Kontext och net vergiessen. Mir sinn ëmgi vun enger Multitude vu Bedroungen: E Krich an illegal Annexiounen op eiser Baussegrenz, jo, ganz kloer, awer och autoritär oder fragill Staaten, an deene multipel Bedrounge fir eis Sécherheet gedeie kënnen: Terrorismus, Extremismus, Cyberattaken an esou weider.

A bei all deem dierfe mer natierlech net vergiessen, wat nach un Erausforderunge fir de Globale Süden entsteet, notament am Sahel, deen zousätzlech zu enger fragiller Sécherheitslag och nach Menacen ausgesat ass, déi vum Klimawandel an dem Verloscht vun der Biodiversitéit ausginn.

Wann dann nach, wéi elo, den Honger an der Welt als Waff agesat gëtt, andeems een d'Landwirtschaft vun

engem vun de gréissten Exportateure vu Käre kapott mécht a seng Ausfuhr blockéiert, seng Felder minéiert, da kann ee sech och denken, wéi vill Leed an Onsicherheit domadder zousätzlech gestéft gëtt.

Den Ukrainkrich ass eventuell – hoffentlech – deemnächst eriwuer, mee déi global Ëmweltmenacé wäerten eis nach ganz vill Jore weider beschäftegen. An déi Iwwerleeungen, déi fléissen zum Gléck ëmmer méi an d'Consideratioun mat an, sief dat um Niveau vun der NATO oder och um Niveau vun der EU, a mir dierfen dat trotz alle Krisen, déi eis ëmginn, och net vergiessen.

Domadder soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Empain. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen emol Merci fir déi vill Reaktiounen, déi mer op eis Interventioun hei kritt hunn. Déi eng ware méi lieweg, déi aner waren e bësse méi sachlech. Ech probéieren emol, op e puer Saachen ze reagéieren, déi hei gesot goufen.

Bei deene grénge Kolleegen – fänke mer do un, well ech hunn dat elo just héieren –, do war et dach ganz interessant ze héieren, wéi si hei Waffeliwwerunge vertrieeden. An et ass e wonnerbaart Beispill, wéi ee Positiounen kann iwwer Bord geheien a ganz kuerzer Zäit. Wéi gesot, am Europawalprogramm vun deene Grénge 2019 ware se absolutt géint Waffeliwwerungen a Kriseregionen. Dräi Joer méi spët, de selwechte Walprogramm, verdeedeg se dat hei. Ech wéll dat och ... Also dat ass net konsequent. Dat ass och net éierlech.

Mir als ADR, mir si keng Pazifisten, contrairement zu deem, wat anerer affichéiert hunn. Mir hunn ëmmer gesot: Wann e Land ugegraff gëtt, notament Lëtzebuerg, muss et sech kënnen verdeedegen. Mir waren ni, wéi aner Parteien, géint d'Arméi, dat déi sollt ofgeschaaft ginn. Awer mir maachen dat mat Verantwortung, well mir wëssen, wéi militäresch Muecht ..., wat dat kann heesche fir d'Leit, a mir maachen dat mat Verantwortung.

Awer wie fréier Pazifisten ..., an de Walprogrammer optrëtt als Pazifist, an déi Prinzippien da verréit, deen, mengen ech, deen huet e Kredibilitäitsproblem, e ganz groussen.

Ech wéll dat och soen: Wann elo d'CSV heihi kënnt a seet, mir sollten eis Froe stellen am Kader vun der ECR, well Polen an d'Britten an esou weider aner Positiounen vertrieeden ... Jo, mir gesinn, dass an dësem Krich Länner hir national Positiounen a Parlamentarier hir national Geschicht an hir national Positiounen vertrieeden. Dat ass normal an esou enger Situatioun. Awer ech wéll och d'CSV drun erënneren, dass hir CDU, hir Partnerpartei, nach bis viru Kuerzem gesot huet: „Mir liwwere keng Waffen a Kriseregionen.“ Dat war d'Doktrinn an Däitschland nach bis viru e puer Wochen, an Dir hutt dat och opginn. Dat war déi däitsch CDU.

Sot mir näischt hei vun de polnesche Parteien oder vun de brittesche Parteien. Da kuckt Är Partnerparteien a wéi déi sech do verhalen a wéi séier déi ëmfalen, an da schwätze mer nach eng Kéier doriwwer!

Et ass ... Bei Krichsverbrieche, an ech mengen, dat ass esou wichteg fir eis alleguer: Ech mengen, mir mussen och soen, dat Krichsverbrieche vun deenen zwou Säite begaange ginn. Domat ass net gesot, dass se net wichteg wäeren. Mir hunn eng Motioun hei virebereet, dass mer sollen hëllefen, se opzeklären. Mee

wien déi Aktualitéit an der Ukrain wierklech Dag fir Dag verfollegt, weess och dat: Et ass schrecklech! A wa mer eis géint dee Krich hei engagéieren, ass et eeben och weinst där Realitéit. Mee Krichsverbrieche geschéien op deenen zwou Säiten. Dat justifiéiert näischt, mee et ass en Deel vun der Wourecht, dat ze soen. A mir sollen dozou bäidroen, wat mir kënnen bäidroen, fir se opzeklären a Verantwortlecher viru Geriicht ze bréngen.

Den Här Cruchten huet eppes gesot, wou ech em wierklech dankbar sinn derfir: En huet déi éischte Kéier vun enger Regierungspartei gesot, wat de Sënn vun de Sanktiounen kéint sinn. An en huet genau dat gesot, wat mir gesot hunn. Wann et a Richtung Verhandlung soll goen, Här Cruchten, dann huet dat sai Sënn. Da kann een och driwwer schwätzen. Mee et gétt esou vill aner Saachen, déi gesot gi sinn: De Krich, e Stellvertriederkrich soll et sinn, e soll laang daueren, e soll Russland schwächen. Alles dat sinn Argumenter, déi mir zrëckweisen.

Wann awer d'Argument soll sinn: „Mir musse weinstens a Richtung Verhandlung goen!“, dann hu mer den Ufank vun enger rationaler Approche, déi ee ka matdroen, awer da muss dat kloer d'Linn vun der Regierung sinn. An ech hoffen, dass den Här Asselborn herno genau dat confirméiert, dass mer higi bis zu Verhandlungen, a kee Schrëtt méi wäit. Mir wëllen net méi wéi dat. Mir hätten gär Verhandlungen, a wéi mer déi erreechen, doriwwer kënnen mer ganz sécher schwätzen.

Dir hutt zu Recht iwwert d'Liewensmittelsituatioun geschwat, iwwert déi Problemer, déi mer elo hunn, fir de Weess aus der Ukrain, zum Deel och aus Russland erauszekréien, well eeben déi normal Weeër do gespaart sinn a well doduerch de Risiko vun enger Hongersnout besteet. Mir haten dat och an eiser Interventioun gesot. Mir hunn an enger vun eise Motiounen, an der Motioun 2, gesot, mir sollen der Ukrain hëllefen, dat iwwert d'Europäesch Unioun ze exportéieren. Dat ass hoffentlech e méigleche Wee an ech gi jo dovun aus, dass dann d'LSAP déi Motioun och matdréit.

Den Här Graas huet geschwat vun der Neutralitéit. Jo, Här Graas, wéi gesot, ech hat d'Beispill vun de Solomon Islands gesot. Dat mat der fräier Wiel vum Bündnisssystem, wéi gesot, dat géllt ageschränkt. Ech weess och net ... Wësst Der, 2008 zu Bukarest hunn Däitschland a Frankräich schonn dogéintgestëmmt. Well Dir sot: „E Land kann dat froen.“ Jo, mee da muss och jiddereen d'accord sinn an der Allianz. Déi Däitsch an d'Fransouse wollten dat 2008 schonn net, dass d'Ukrain géif Member an der NATO ginn. A wéi mengt Der, dass haut géif ofgestëmmt ginn an der NATO? Den Här Asselborn kann Iech dat vläicht soen.

Wann haut d'Ukrain géif kommen, oder muer, a soen: „Hei, 2008 huet et net geklappt“ ... Do hu schonn zwee grouss Länner de Problem gesinn, deen domadder verbonnen ass. Wéi ass et dann, wann 2023 d'Ukrain un d'Dier vun der NATO klappt a seet: „Hei, elo kommen ech, et ass kee Problem méi, d'Russe sinn elo d'accord no deem Krich.“

Also déi Situatioun géife mer emol gär erliewen. An et ass esou: Jo, all Land kann dat froen, mee mir müssen net d'accord sinn. Wat Schweden a Finnland ugeet, soe mir: Jo, jo, déi sollen an d'NATO kommen. Souwisou ware se scho praktesch Memberen. An ech wëll Iech just hei soen, dass de fréiere finnesche Ministerpresident, den Alexander Stubb, de Moien genau do-robber reagiert huet. An en huet gesot: „I think“, de fréiere finnesche Premierminister, „the reaction has actually been quite moderate from Putin.“ An dat ass dat, wat och wouer ass. D'Russen hunn ëmmer gesot

an de leschte Méint, dass se dat do akzeptéieren, well se jo praktesch scho Member waren, ausser den Artikel 5. Dat ass d'Ännerung. Mee si wäerten och Moosnamen huelen, dat hu se och gesot, un der Grenz. Ech hunn dat alles gelies, ech hunn et awer net als Menace interpretéiert. Si adaptéieren. Awer, wéi gesot, wa souguer de fréiere finnesche Premierminister seet, d'Reaktioun wär moderat gewiescht, mengen ech, sollte mer dat och eescht huelen, wat a Finnland selwer dann d'Meenung do ass.

Dir hutt op d'Allianzsystemer, 1938 an esou weider ... an ech éieren dat wierklech, well et weist, wéi eescht Der déi Situatioun huet. Ech wëll Iech net ënnerstellen, dass Der hei liichtfankeg Vergläicher wëllt maachen, Hitler-Vergläicher oder esou, dat ënnerstellen ech Iech net. Ech kennen Är intellektuell Eierlechteit. Wat ech eigentlech awer wëll soen, dat ass, dass et souwuel virum Éischte Weltkrich wéi och virum Zweete Weltkrich Allianzsystemer gouf. A si hunn entweder dysfonctionéiert – jo, am Éischte Weltkrich si mer doduerch jo mat an de Krich eragezu ginn, an am Zweete Weltkrich hu se net fonctionéiert oder net gutt fonctionéiert –, respektiv si se duerch aner Accorde schachmatt gesat ginn.

Also et ass awer elo net esou gewiescht, dass et do keng Allianzsystemer ginn hätt. An dofir muss een och déi Analys mat grousser, grousser Virsicht maachen, a bei historesche Vergläicher besonnesch muss ee ganz gutt oppassen.

De Referendum, sot Der, 1992 an der Ukrain – wann ech mech gutt un dat erënneren, wat Der gesot hutt, Här Graas – soll respektéiert ginn. Do sinn ech d'accord. Ech wëll Iech just soen, ënner Kolleegen, dass Parteien, déi Referenda versprechen, sech och sollen dorunner halen. Et ass e kriddelegen Thema fir d'DP, vu Referenda ze schwätzen. Ech wollt Iech dat just soen.

Gutt. Dann hu mer de Sënn vu Sanktiounen. Dir frot Iech: Wat priméiert? Jo, dat ass effektiv d'Fro, an dat ass genau dat, wat mer jo och ugeschwat hunn: Wat priméiert? An do ass d'Fro hannendrun: Firwat maache mer Sanktiounen? Wat ass de Sënn dovun?

A mir hu gesot: Mir wëlle se net maachen, fir Russland ze ruinéieren, wéi anerer et wëlle maachen. Mir wëllen et och net maachen, wann dat eenzeg Resultat ass, dass mir eis Économie futti maachen, ouni dass mer en Afloss op de Krichsverlaf kënnen huelen, soudatt et der Ukrain net hëlleft. An dat ass eigentlech dat Ofweien tëschent deem, wat et kascht an alle méiglechen Termen, mënschlech, ekonomesch, u Wirtschaftsrelatiounen an esou weider, an deem, wat et bréngt. An et ass do, wou eigentlech déi Analys elo net genuch gemaach gétt. Et ass do blannemännerchers en Aktivismus.

An ech hu mat Recht, mengen ech, mat aller Modestie, oder mir, entschëllegt, hunn drop higewisen, dass déi Sanktiounen, déi mer bis elo geholl hunn, näischt bruecht hunn. An dat Beispill vun der Krim weist et. Mir hu Sanktiounen geholl no dem Baitrëtt – oder der Annexioun, wéi Der et gär hätt – vun der Krim zur Russescher Federatioun. Haut ass se nach ëmmer do. An dat ass eeben de Problem bei de Sanktiounen: Wierke se iwwerhaupt? Wa se net wierken, ma da brauche mer och keng ze huelen.

An dat ass déi Fro, déi intellektuell, déi mer eis musse stellen: Wat bréngt et? Huet et e Sënn, de Leit hei am Land d'Heizung ofzestellen, d'Mobilitéit anzëschränken, eis Firmen drun ze hënneren ze schaffen, wa mer op där anerer Säit keen Afloss kënnen hunn, keen effektiv moossbaren Afloss op d'Evenementer? Jo, dann huet et kee Wäert! An dat ass genau déi Reflexioun, déi mer hei wëllen ustoussen: Huet

et Sënn? Genau esou wéi bei de Waffeliwwerungen. Dofir sinn ech jo frou, dass den Här Cruchten seet: „Mir maachen dat bis Verhandlungen.“ An dat géife mer och gär vun der Regierung wëssen: Wat ass dann d'Positioun? Wat ass dann de Sënn dovun? Well soss maache mer et net. Et muss een d'Leit kënnen iwwerzeegen, wa mer Affer verlaangen.

Mir hunn – fir eise Kolleegen vun der CSV dat nach eng Kéier ze rappéléieren – an där Ried, déi mer hei gehalen hunn, zweemol den Agresseur kloer beziechen. Ech maachen et eng drëtze Kéier, fir dass net gesot gétt, dass wär vläicht net dättelech genuch gewiescht: Den Agresseur ass Russland: R-U-S-S-L-A-N-D, fir d'CSV. Et ass déi drëtze Kéier, dass ech et dann hei soen. Ech hoffen, dass geet Iech duer, fir dass kloerzestellen.

A Kritik un der USA – o mei! Hu mer hei net Kritik un den USA héieren, ëmmer erëm, zum Beispill, well den Här Trump President war, deen hei net déi grouss Popularitéit hat, déi e vläicht an den USA hat, well do ass e gewielt ginn? Ass et dann e Verbrieche, géint iwwer engem Alliierte Kritik unzébriegen? Däerf een dat net? Si mer alliiéiert oder alignéiert? Si mer Vasallen oder Partner, Kolleegen, Frënn?

Mir si fir d'USA Partner, Kolleegen, Frënn. Wann d'CSV wëll e Vasall sinn, deen net wëll kritiséieren, och wa Kritik ubruecht ass, dann ass dat hire Problem. Mee mir si Frënn vun den USA a mir sinn zouverlässeg Partneren an der NATO. Mir hunn dat ëmmer erëm gesot: Mir bekennen eis zu der NATO, ansécht wéi aner Parteien heibannen, mee dat ass och hiert Recht. Mir bekennen eis zu der NATO!

A mir wëssen och, dass et keen Ugrëff op en NATO-Land ka ginn, well d'NATO do ass a well d'NATO vill méi staark ass wéi Russland. Wësst Der, wat Russland ass? Niewent enger wonnerbarer Kulturatioun an hei an do, alles an der Rei. Mee Russland huet e Brutto-Sozialprodukt an der Gréisstenuerdnung vun Italien oder Südkorea. Si hunn e Militärbudget, dee manner grouss ass an absoluten Zuele wéi dee britteschen – wéi dee britteschen! A wann Der all déi verstoppte Saachen nach matrechen an de Purchasing Power an hei an do, dann ass e bei 161 Milliarden Dollar. Aleng deen amerikaneschen ass bei 700, 800 Milliarden Dollar, an dann nach ouni déi aner!

An da sot Der, den Ugrëff vu Russland op d'NATO ... – an deene Konditiounen? Ma Russland ass net méi d'Sowjetunioun vu fréier! An déi relativ Schwächt – et ass nach ëmmer e grouss a staarkt Land –, mee déi relativ Schwächt par rapport zu der NATO ass och ee vun deene Problemer, déi eebe kënnen eng Eskalatioun bewierken, well se Waffenen, schrecklech Waffensystemer, déi déi do Schwächt eventuell kënnen ausgläichen. An deemno wéi wäit mer se an den Eck drécken, kënnen mer dat mat provozéieren. Dass Deeskalatioun méiglech ass ... A mir wëlle keng Eskalatioun vun deem Konflikt, an dofir si mer virsichteg mat Waffeliwwerungen, mat Sanktiounen a mir hätte gären eng intelligent Politik, déi dat begënschtegt, wat mer brauchen: Verhandlungen a Richtung Friden, well dat och dat ass, wat der Ukrain am meeschten hëlleft!

Natierlech musse mer solidaresch sinn. Fënnf Motiounen hu mer hei op den Dësch geluecht, fir an alle méigleche Beräicher der Ukrain ze hëllefen! An all de Rescht, wat ech elo gesot hunn – Sanktiounen, Waffeliwwerungen –, do hätte mir gär déi Reflexioun, déi mer haut ugestouss hunn, fir ze wëssen, wat mer iwwerhaupt kënnen veräntwerthen a wouhin mer wëlle goen.

Mee fir heihinner ze kommen: „Mir hunn elo schonn erëm en neie Pak Sanktiounen a mir müssen hei a mir



hunn do ...“, da muss een eng Ratio dohannert hunn. Politik verdéngt Iwwerleeën, se verdéngt Verantwortung, an d'CSV schénkt déi zwou am Abléck net esou als Prioritéit ze gesinn. Do ass en Ënnerscheed zwëschen hinnen an eis.

Jo, Waffeliwwerungen an d'Ukrain hunn eppes ganz Spezielles. Dat ass eppes anescht wéi Waffeliwwerungen u Lëtzebuerg oder un en aneren, well d'Ukrain ass duerch an duerch korrupt: Déi 122. Plaz am internationalen Transparency International (veuillez lire: am internationale Corruption Perceptions Index vun Transparency International) hu se erreicht! Mir wëssen, datt an der Ukrain an der Vergaangenheet Waffeliwwerungen un den Afghanistan gemaach gi sinn, un déi schéinste Plazen, datt do e reege Waffenhandel ass, datt dat net kontrollabel ass. Mir hätte gär eng Zouverlässigkeet. Mir wëssen, Dir sot, et ass en Deel ukomm. Wonnerbar! Mir héieren awer och, datt en Deel vun de Waffe verschwonnen ass. Mir héieren, datt Russen en Deel zerstéiert hunn, dat ass jo normal, si wëllen dat natierlech och zerstéieren. Mir héieren och, datt déi russesch Arméi en Deel recuperéiert huet fir sech selwer. Och alles dat sinn Erscheinungen, déi ee muss awer gesinn an där Thematik. Mir liwwere Waffen un d'Ukrain, da muss et och ukommen an et muss och do Verantwortung geholl ginn. An da muss een och nach iwwerleeën, wat dat ass a firwat een et mécht.

Här Wiseler, Dir hutt e bëssen „chicken game“ hei gespillt. Dir hutt gesot: „Mir hu keng Angscht!“, an dann ënnerstellt Der, mir géife mat der Angscht vun de Leit spillen. Ma esou maache mir keng Politik!

*(Brouhaha et hilarité)*

Nee, nee, nee. Also et ass ganz interessant, datt Der hei op deem Niveau wëllt argumentéieren, mee loosst mech probéieren, hei den Niveau e bëssen eropzesetzen. Et ass einfach esou, datt wann ee seet, datt an engem Krich eng Eskalatiounsgefor ass, déi och eis an aner Alliéiert an EU-Membere ka betreffen, doduerch datt mer eng Politik maachen, déi net op der Héicht vun den Erausforderungen ass, dann ass dat en Ausdrock vu Verantwortung. An Dir sot: „Mir hu keng Angscht als CSV!“ Ma wat ass dat fir eng Approche?

Ech hunn och keng Angscht! Wësst Der, den Ënnerscheed ass hei – ech soen Iech dat och ganz kloer –: Deen Eenzegeng heibannen, dee jee an Uniform ronderëmgelaf ass, dat sinn ech!

**Plusieurs voix** | O!

*(Hilarité)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Eelef Joer als Offizier vun der Arméi! Déi aner, déi dat gemaach hunn, sollen opstoen an et och soen! Also kommt mir net mat esou Saachen! Kommt mir net mat esou Saachen!

Wësst Der, och d'Militär, dat soen ech Iech, huet Verantwortung fir Liwwen, huet Verantwortung fir den Émgang mat Waffen, an esou Rasonementer wéi „Ech hu keng Angscht, Dir hutt dach bestëmmt Angscht“ – spuert Iech dat! Do sidd Der op der falscher Adress!

Dir sot, d'Ukrain hätt Wäerter. Jo, déi sinn awer net esou evident. Déi sinn net esou evident, Här Kersch. Well wësst Der firwat? Liest emol déi Analyse vu Human Rights Watch, liest déi Rapporte vun Amnesty International vun deene leschte Joren iwwert d'Ukrain. D'Ukrain ass keen demokratesche Staat an deem Sënn, wéi mir et verstinn! Et ass e Staat, dee massiv Mënscherechter verletzt. Ech soen net, datt se net um Wee vun der Demokratie sinn, datt mer se net sollen ënnerstëtzen, fir datt et eng demokratesch Gesellschaft gëtt. Mee liest déi Rapporten! Maacht Iech e Bild vun deem, wat dat Land ass! An dat ass net dat,

wat mir eis drënner virstellen. Mee mir solle se selbstverständlech ënnerstëtzen op deem Wee, fir esou ze ginn.

Dir sot: „Si kämpfe fir eis.“ Nee, ech wëll net, datt en anere fir eis kämpft! Här Wiseler, wann Dir mengt, dee Kampf misst gefouert ginn, da gitt dohinner a féiert en, mee loosst net d'Ukrainer fir Iech de Kampf maachen! Gitt dohinner a kämpft a loosst net aner Leit fir Iech kämpfen, Här Wiseler! Huet e Gewier a gitt dohinner, wann Der et wëllt maachen!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, erlaabt Der, datt den Här Yves Cruchten Iech eng Fro stellt?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, ech maachen nach zwee oder dräi Sätz fäerdeg, an da ganz, ganz gär.

*(Brouhaha)*

Dir schwätzt vun Agrëffer a Walen. Jo, natierlech, ech héieren dat och. Ech weess et jo net, ech si kee Computerfreak do. Ech weess et net, mee ech héiere wéi Dir, datt Russland a Walen am Westen agegraff hätt. Jo, dat ka sinn. Et ass och net gutt. Ech verurteilen et, net datt Der mengt, ech géif och elo nach soen, dat wär eng gutt Saach. Nee, wa se dat gemaach hunn, dann ass dat falsch!

Mee de Westen huet dach x-mol a Walen an anere Länner agegraff, och a Russland! D'CIA huet d'Relektioun vum Här Jelzin finanzéiert. Dat weess all Mënsch, dee sech fir Russland interesséiert. Dat ass och falsch! A wéi gesot, bei der internationaler Politik ... an dat ass jo och dat, de Meritt vun deem, wat mir maachen an eise Reflexiounen: Mir si kapabel eis a Fro ze stellen, mir si kapabel ze soen: „Jo, mir hunn och vläicht Feeler gemaach“, an net ëmmer mat dem Finger einfach op deen aneren ze weisen. Dat ass esou einfach, esou bequiem an esou onéierlech! An dat kann een der ADR net reprochéieren. Mir hunn an där ganzer Approche an an eiser Argumentatioun gesot, wat ass a wou mir Feeler gemaach hunn. An dat ass eeben, mengen ech, och en Deel vun deem ... Och géintiwier de Russen an aneren, déi elo kucken, et ass wichtig, datt mir soen: „Och mir hu Feeler gemaach. Mir si bereet, op enger Basis vun Éierlechkeet mat Iech ze schwätzen. Mir hu Feeler gemaach. Sot Dir och, wat Är Feeler sinn. Sot eis et!“ An da kann ee matenee schwätzen.

Ech mengen, den Här Cruchten wollt eppes soen. Här Cruchten, Dir hutt selbstverständlech d'Geleeënheet.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här Kartheiser. Ech mengen, Dir hutt hei e ganz düüstert Bild vun der Ukrain gezechent, wat ech awer och e bëssen an en anert Licht wëllt stellen. Well Dir maacht, wéi wann d'Ukrain ganz schlëmm wär, wat d'Mënscherechter ugeet. Ech wëll just drun erënneren: D'Ukrain ass Member am Europarat. An ech mengen, de Kolleg Gusty Graas, deen och an der Assemblée parlementaire vum Europarat sëtzt, dee kann dat confirméieren.

Also wann et ee Champion gëtt, deen déi meeschte Fäll vum Europäesche Mënscherechtsgerichtshaff huet, dann ass dat déi Russesch Federatioun. Ech mengen, déi leschte Kéier, wou ech gekuckt hunn, waren dat 20.000 Fäll, déi nach do ausstinn. Bon, entre-temps wëllt Russland jo och näischt méi domadder ze dinn hunn.

Mee grad der Ukrain hu mer an deene leschte Jore wierklech probéiert, an deenen demokratesche Prozesser, an deenen Defiziter, déi Dir elo hei uprangert, ze hëllefen. Iwwert d'Assemblée parlementaire, iwwert d'Commission de Venise hu mer probéiert, hinnen och ze hëllefen, déi rechtsstaatlech Prinzippien

do besser ëmzesetzen, Korruptioun ze bekämpfen. An ech géif et net fair fannen, wa mer hei elo esou e Bild géifen zeechnen, wéi wann an der Ukrain alles, alles dramatesch schlecht wär. Ech mengen nämlech, dass besonnesch déi lescht Regierung, déi, déi elo ... Déi hunn zwar elo aner Suergen am Moment, mee et si grad déi, déi wollt Reformen entaméieren, fir d'Korruptioun ze bekämpfen a fir eng ganz Partie Saachen an deem Land an d'Rei ze bréngen, déi Dir hei uprangert.

Ech wëll einfach just dat desastréist Bild, wat Dir gemoolt hutt, net einfach esou kommentarlos stoe loosse!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Also, dat war elo keng Fro, Här Cruchten, mee ech äntweren Iech awer ganz, ganz gär. An dat Éischt, wat ech Iech wëll soen, dat ass, datt mer eis zesumme freeën, datt d'Ukrain Member an där internationaler Organisatioun ass. Dat ass eng ganz, ganz gutt Saach. Well wien déi Mënscherechtskonventioun unerkennt a sech der Juridictioun vum Europäesche Gerichtshaff fir Mënscherechter ënnerwerft, dokumentéiert a weist domadder, datt en eng gewëssen Asiicht huet a probéiert, dat ze besseren.

Mee d'Situatioun ass trotzdeem desastréist. Mee mir si frou, datt d'Ukrain ... Dir an ech, Dir LSAP, mir ADR, sinn zesumme frou, datt mer kënne feststellen, datt d'Ukrain Member ass a probéiert, dat ze verbessern. Mee et ass nach e wäite Wee.

Mee ech soen Iech elo awer och déi aner Säit vun Ärem Rasonement. An der Ukrain – do si mer eis eens – ass e Wee hin zur Besserung, mee den Zoustand ass schlecht. Russland ass aus deem Gremium e puermol ausgetratt, verdriwwen ginn – wat weess ech – mat de Creancé vun der parlamentarescher Delegatioun an esou weider. Dir hutt dat alles matgemaach iwwert déi lescht Joren. Mee et war fir Russland, an notament fir déi Oppositionell a Russland, vun enger extremer Wichtigkeet, datt och Russland do ka Member sinn, well eeben och doduerch konnt Drock gemaach gi vun der Oppositioun. Dat war en Argument fir d'Oppositioun a Russland.

An déi Tatsaach, fir dann ze soen: „Jo, déi behuele sech net“, an esou weider, a se dann auszeschléissen, dat ass eng kuerzsichteg Politik, well een de Leit d'Moyenen hält, deenen, déi et brauchen, och a Russland, fir géint en totalitäre Staat ... En ass totalitär, e sot zwar, e wär net totalitär, mee Russland huet grouss Demokratiedefiziter – leider, leider! –, wéi d'Ukrain an anerer och. Mee et ass dach eng Méiglechkeet fir Oppositioneller, fir da weinstens déi Mechanismen oder dee Wäertekatalog, deen an engem Europarat vertruede gëtt, kënne ze invoquéieren. A fir deene Leit dat Instrument ze huelen iwwer Spillercher wéi Credentials vu parlamentarescher Delegatiounen, dat ass dach eng kuerzsichteg Approche! Ech maachen Iech kee Reproche. Dir hutt zwar och do derfir gestëmmt, huelen ech un, mee dat ass kuerzsichteg.

*(Interruption par la présidence)*

Ech kann Iech versécheren: Mir hunn net déi Éier, an deem Gremium vertruede ze sinn, mee Dir wäert net gesinn, wann ee vun der ADR do sëtzt, datt mir dat do matmaachen. Net, well mer eis iergendengem frieme Regimm do wëllen ... e Knéifall maache viru Russland, mee well mer wëssen, datt déi Leit, déi an deene Länner demokratesch Wäerter vertrieben, genau déi Organisatiounen brauchen, an et ass fir déi Schwaach, wou mer eis géifen engagéieren.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Ministeren, fir d'éischt wéilt ech dem Här Wiseler an dem Här Kartheiser Merci soe fir dës lieweg a spannend Debatt. Dat ass dat Mindest, wat ee ka soen.

Ech wéilt awer gären domat ufänken, fir d'éischt un d'Offer vun dësem Krich ze denken. Eist Matgefill geet natierlech un all déi, déi géint hire Wëllen a géint hir Liewenspläng hu misse kämpfen, hu misse flüchten an déi léif Familljememberen oder Frënn verluer hunn.

All Dag Krich ass een Dag ze vill. Krich kreéiert och ëmmer individuell a kollektiv Traumaen, déi iwwer Generatiounen virugedroe ginn an déi zukünfteg Generatiounen ganz kloer nohalteg markéieren.

Dëse Krich ass awer net vu gëschter. E koom an Etappen. Erënnere mer un déi russesch Invasioun vun der Krim vum Mäerz 2014, un d'Opstëppele vun de Separatisten an der Ostukrain zënterdeem. Och dat ware scho Virzeechen an eventuell och Warnungen, dass et nach méi schlëmm géif kommen. An et muss een och soen, dass an all deene Joren net vill geschitt ass, fir dass dës Situatioun sech géif berouegen a fir dass dat, wat mer elo hunn, eeben net géif passéieren.

Ech wëll och mäi Virgänger, de Serge Urbany, zitieren, deen den 12. Mäerz 2014 (veuillez lire: 11. Mäerz 2014) hei sot: „Mir verurteele ganz kloer de völkerrechtswiddregen Engagement vu Russland op der Krim an enger reng militärescher Logik.“

Loosst et mech kloer soen: De Putin ass e rietsen Autokrat. Am Géigesaz zu anere Milieuen zu Lëtzebuerg, hu mir him net jorelaang de rouden Tapis ausgerullt. Mir hunn hien net hoféiert an hunn an hätte säi Regimm och net mat Business ënnerstëtzt. Do si mir absolutt kohärent a mir hunn eis iwwerhaapt näischt virzegeheien – anerer awer eventuell. Et si grad déi, déi de Putin a säi Regimm hoféiert an ënnerstëtzt hunn, déi mat Autokraten a mënscherechtsveruechtende Regimmer Business maachen, déi elo zu Krichsdreier ginn. Et mengt ee bal, si missten ofleken.

Ech erënnere drun, dass all déi grouss Parteien heibannen ekonomesch Missiounen a Russland ënnerstëtzt hu bei dem Putin säi Regimm an dass dës Kuschelkurs ënner engem CSV-Premier ugefaangen huet.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Wat maache si fir ofzelenken? Si werfe Lénke Leit a Lénke Parteie vir, vu Fridden ze schwätzen. Wou si mer ukomm? Wirklech? Et ass einfach nëmmen erschreckend, wéi binär eist Denke ginn ass. Deen, deen no Friddensverhandlung freet, dee Waffeliwwerungen a Fro stellt, ass e Putinverstehder oder -ënnerstëtzer. Mir hunn hien ni ënnerstëtzt, mee déi meescht Parteien heibannen awer!

Als Lénk denke mir an enger laanger Zäit. An dofir stelle mir déi iwwerflächlech Doktrinn „Wandel durch Handel“ a Fro. Dat hu mer hei schonn eng kéier thematiséiert. Dofir ënnerstëtze mir keng Autokraten an dofir gesi mir Waffen och net als Léisung!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Ee Wuert zu Sanktiounen: Si si wuel onëmgänglech, mee mir

gleewen awer net drun, dass een dëse Krich mat Sanktiounen op en Enn ka bréngen. De Putin léisst léiwier säi Vollek erhéngen, wéi datt en eng Nidderlag agesteet.

Déi russesch Rüstungsindustrie ass dann och wäitgeend autark. Russland war op d'Sanktiounen virbereet. Allerdéngs menge mir, dass d'Sanktiounen mussen benotzt ginn, fir an de Friddensverhandlungen Drock ze maachen a fir d'Friddensverhandlungen no vir ze bréngen. Mee vu Friddensverhandlungen an Efforte gesäit een awer net vill an héiert een och net vill, vu Krichsefforten a Krichsrhetorik awer wuel ganz vill.

D'Waffeliwwerungen vun den USA, Groussbritannien an den EU-Memberstaaten hunn eng nei Dimensioun erreicht. D'Ausrichtung ass net méi just reng op Verteidegung, mee, fir offensiv Kapazitéiten opzebauen. D'ukrainesch Militär gëtt an NATO-Länner forméiert, fir déi geliwwert Waffen ze benotzen.

De Krich gëtt ëmmer méi zu engem Proxy-Krich. E riskéiert, zu engem jorelaange Stellungskrich ze ginn, dee just mënschlecht Leed an Zerstéierung mat sech bréngt.

D'USA an de Westen am Ganze riskéieren d'Konfrontatioun mat Russland. Mir mengen, dass dat e geféierlecht Spill ass. Dat kann een un den Aussoe vum US-amerikanesch Verteidigungsminister zu Kyiv festmaachen, dee jo sot, hie wéilt, dass Russland, Zitat, „net méi kapabel wier, dës Zort Operatioun ze féieren.“ Vun engem Verteidigungsminister gesot, bedeit dat esou vill wéi, Russland an d'Knéien ze zwéngen, Russland klengzemaachen an ze demüüegen. Déi Haltung ass keng defensiv méi, mee eng offensiv. Dat kann een natierlech denken a sech wënschen – an dat maache mer sécherlech allegueren heibannen –, mee et ze soen, ass eng offensiv Haltung.

Här President, d'Fro ass, wou dann déi Strategie vum Westen hiféiert? D'Gefor vun enger Eskalatioun vum Konflikt ass reell, och den Zenario vum Asaz vun Nuklearwaffen ass net auszeschléissen. De Putin huet schonn e puermol do virdru gewarnt, dass wa si ugegraff géifen oder wa westlech Länner sech géifen amësch, esou en Zenario a Fro kéim.

D'Fro ass: Wat versteet hien ënner engem Ugrëff oder ënner enger Amëschung? Wann ee versicht, säi Rasonement nozevollzéien, kann ee wuel dovunner ausgoen, dass hie Waffeliwwerungen a militäreschen Training kéint als Amëschung verstoen. Dat muss ee gesinn, an dat bedeit net, dass een Angscht huet, mee et muss een et en Consideratioun huelen.

Fir eis sinn d'Friddensverhandlungen deen eenzegen Auswee. Och hei si mir konstant, de Serge Urbany hat et 2014 scho gesot, Zitat: „Et féiert wierklech kee Wee laanscht d'Verhandlung mat Russland.“ Haut gesi mir dat net anescht. All Krich endegt eemol mat engem Friddensaccord an et geet drëms, déi Zäit bis dohinner esou kuerz wéi méiglech ze maachen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Bei de Gespréicher virun e bësse méi wéi engem Mount zu Istanbul, hate sech e puer Eckpunkten – et schafft ee ganz vill heibannen – erausgeschéit: D'Ukrain wier d'accord gewiescht, op en NATO-Bäitritt ze verzichten a Russland hätt agewëllt, seng Truppen op den Ausgangspunkt zrëckzéien. Et goug awer och rieds vun engem internationalen Accord, deen d'Sécherheet vun der Ukrain sollt garantéieren.

Meng Ried ass, mengen ech, net ganz spannend fir nozelauschteren. Mee bon, ech maache se awer fäerdeg.

(Brouhaha)

Ech wéilt gär wësse vum Här Ausseminister: Wat ass du geschitt no deem Accord zu Istanbul? Wou si mer aktuell drun? Wéi eng Friddensinitiative gëtt et am Moment? A wie beméit sech iwwerhaapt nach? Wéi eng Positioun huet Russland? Wéi eng Positioun huet d'Ukrain? A gëtt et Differenzen an der Appreciatioun tëscht, op där enger Säit, den USA an de Vereenegten ... also UK, an op där anerer Säit Däitschland a Frankräich? Hunn d'EU oder d'USA wëlle, iergendeng Propos op den Dësch ze leeën? Wat hutt Dir bis elo an där Fro ënnerholl, Här Minister? Mécht Lëtzebuerg iwwerhaapt iergendeppes Diplomatesches an där Richtung fir de Fridden?

Mir brauchen een Accord, den Här Kartheiser huet et scho gesot, bei deem Russland d'Gesicht net verléiert. Dat ass no allem, wat geschitt ass, schwéier ze akzeptéieren – a gleeft et, och fir eis! –, mee dat ass deen eenzege Wee, fir dee Krich op en Enn ze kréien. Dat heescht net, datt een no engem Waffestëllstand oder Friddensaccord erëm zrëck zur Dagesuerdnung kënn an erëm Geschäfte mam Här Putin mécht. Mee déi ieweschst Prioritéit muss de Waffestëllstand sinn.

Här President, wann een déi aktuell Situatioun analyséiert, stécht engem nach e weidere Constat an d'Aen: Déi russesch Féierung ass um internationale Plang net esou isoléiert, wéi een et géif mengen oder hoffen, a wéi se et no dëser Invasioun eigentlech misst sinn.

Bei de Sanktiounen oder bei der politescher Ennerstëtzung fir d'ukrainesch Regierung mierkt ee schnell, dass déi westlech Welt zimmlech eleng dosteet, och wa mir dat net mengen, well mir esou mat eis selwer beschäftegt sinn.

Brasilien, Mexiko, Indien, Südafrika, d'Tierkei, Indonesien – déi grouss Schwellelänner übe sech allegueren an Zréckhalung a praktizéieren eng nei Form vun Non-Alignment. Dës Entwécklung dierf a soll een net ignoréieren, well dat beweist virun allem, wéi déif mëttlerweil d'Brochlinnen an der internationaler Politik sinn. An dorun ass déi sougenannte „westlech“ Welt natierlech net onschëlleg. Si huet an de leschte Joren an natierlech och Joerzénge an Joerhonnerte probéiert, hir wirtschaftlech, politesch a militäresch Féierungsausprägung mat der Briedestaang iwwerall an der Welt ze consolidéieren an auszebauen, wirtschaftlech iwwer eng onfair Handelspolitik, mee och duerch politesch Bevormundung a militäresch Dominanz.

Haut kritt se d'Quittung dofir, och wann déi eenzel Länner vläicht spezifesch Grënn dofir hunn, Moskau net de Réck ze dréien. De Weste wëll net wouerhunn, datt mer an enger multipolarer Welt liewen an en huet näischt gemaach, fir anere regionale Muechten oder Konstellatiounen eng Plaz an der Weltuerdnung aneraumen, notamment och iwwer eng Reform vun der UNO a vum Sécherheetsrot. D'UNO huet an dësem Konflikt hei effektiv quasi guer keng Bedeitung méi.

Et sinn an de leschte Joerzénge och eng ganz Rei vu völkerrechtswiddregen Aktiounen vum westleche Staaten ausgaangen: natierlech d'Invasioun vum Irak 2003, mee och d'Bombardéierung vu Jugoslawien oder Libyen. Och rezent ass de Weste ganz flexibel mam Völkerrecht ëmgaangen, wéi zum Beispill am Fall vun der Westsahara oder och, wann den NATO-Member Tierkei an den Norde vu Syrien amaschéiert a bis haut Deeler vum Kurdegebied besat hält. Och bei den eklatante Mënscherechtsverstëss a Palästina gëtt natierlech ëmmer erëm ewechgekuckt, an Israel als Besetzungsmuecht profitéiert säit



Joerzénge vum enger vum Westen ofgeseenter Impunitéit.

Dat gëtt natierlech an der Welt registréiert an dat huet natierlech Auswierkungen op d'Kreditléit an den Handlungsspillraum vum der UNO zu engem Zäitpunkt, wou mer multilateral Léisunge méi néideg hu wéi jee. An der Geschicht vum der Mënschheet ass d'UNO quasi zu enger humanitärer ONG degradéiert ginn.

Russland an Europa hunn eng gemeinsam Zukunft, an alles, wat mer elo maachen, wäert eng Auswirkung dorobber hunn, wéi déi Zukunft ausgesäit. Dat ass déi laang Zäit, déi et gëllt ze preparéieren. Et geet net duer, der primitiver Versuchung ze bestrofen nozeginn. Egal wéi vill ee säi Feind, säi Géigner haasst, d'Friddensbeméiunge mussen iwwert dem Haass an der Loscht op Demütigung stoen. Mir hunn eng Matverantwortung fir de Weltfridden, an dat ass wierklech Stärkt weisen, léif Kolleeginnen a Kolleegen.

Merci fir d'Nolauschten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soe fir d'éischt deenen zwee Demandeuren, dem Här Kartheiser an dem Här Wiseler, Merci, dass mer haut kënnen eng weider Kéier iwwert den Ugrëffskrich vu Russland an d'Situatioun an der Ukrain diskutéieren.

Natierlech ass an dëse leschte Woche vill geschitt. An et ass net nëmmen diskutéiert ginn, mee virun allem an der Ukrain ass vill gekämpft ginn, gekämpft ginn ënner anerem och mat Hëllef aus Lëtzebuerg. Lëtzebuerg huet Hëllef zougeseichert, huet Material, a jo, och Waffen zur Verfügung gestallt.

Mir dierfen eis awer net op dës Hëllef ausrouen. Falls d'Ukrain nämlech weider Material brauch, wat mir hei zu Lëtzebuerg hunn oder fir d'Ukrain kënnen beschafen, muss kënnen weider Material geliwwert ginn. Mir hunn déi Moyenen a sollte se deementsprechend notzen, fir dass eis ukrainesch Partner kënnen de Russen d'Stier bidden. A mir mussen hei ganz gutt oppassen, fir net eng Rollenëmkeierung ze maachen an ze mengen, d'Ukrain hätt „provocéiert“, ënner Anführungszeichen.

Mir sollen net mengen, dass d'Affer op eemol Responsabilitéit u sengem Afferstatus hätt. Deen Eenzen, deen d'Ukrain ze attackéieren, war héchstwahrscheinlech ganz eleng eng Persoun, nämlech de Wladimir Putin am Kreml zu Moskau. Dorunner ass d'Ukrain net Schold, dorunner ass d'NATO net Schold, dorunner ass de Westen net Schold, dorunner ass just de Wladimir Putin Schold!

Déi, déi nämlech behaupten, dass en Affer Schold un enger Attack huet, sinn déi nämlech Leit, déi de Frae soen: „Do keng esou eng kuerz Jupe un!“, oder: „Du hues deem jo awer léif gelaacht!“ A mir sinn eis, mengen ech, allegueren hei zu Lëtzebuerg mëttlerweil eens, dass esou en Discours net nëmmen der Vergaangenheet unzuehéieren huet, mee absolutt inakzeptabel ginn ass! An dofir: Deen, deen elo mengt, dass d'Ukrain, de Westen oder d'NATO iergendeng Schold drun hätten, dass de Wladimir Putin d'Ukrain attackéiert huet, deen huet, mengen ech, vergiess, wien d'Responsabilitéit wierklech dréit.

D'Ukrainer hu sech bis elo gutt geschloen, dës och, well se Material vu bausse kritt hunn. Mee trotzdem ass leider nach keen Enn vum Konflikt ofzegesinn. An

duerfir ass et wichteg, dass mer weiderhin all Hëllef ubidden, déi mir leeschte kënnen. Fir weider dës Hëllef kënnen ze ginn, muss Lëtzebuerg konstant am Kontakt mat sengen NATO-Partner an och dem Partner Ukrain stoen. Dës awer net nëmmen op Regierungsniveau, mee och op Niveau vum den ONGen an den Deputéierten.

Dës Konflikt fuerdert eis allegueren, d'Exekutiv genee wéi d'Parlament, an natierlech och d'Zivilgesellschaft, déi en extreemt Engagement a Matgefill bewisen hutt. Do dierf eis nationaalt Parlament net hannendrun zrëckbleiwen an och mir mussen aktiv bleiwen.

Ech perséinlech hat schon d'Chance, mat Deputéierten aus der Ukrain ze telefonéieren. An ech denken, dass et wichteg ass, dass d'Chamber och hei aktiv de Kontakt sicht mat dem Parlament zu Kiew, fir dass och mir als Chamber hei d'Situatioun besser kënnen aschätzen an déi richteg Decisiounen huelen.

A jo, och dat hunn ech haut héieren, an och dat schockéiert mech, dass d'Ukrain keng Demokratie wär!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hat d'Chance, am Optrag vum der Chamber bei de Walen an der Ukrain Walbeobachter ze sinn. A jo, d'Ukrain ass sécherlech, genesou wéi all aner Demokratie, keng perfekt Demokratie. Et gëtt sécher déi eng oder aner Saachen, déi ee kritiséiere kann, an dat gouf och vum der OECD an hirem Rapport gemaach. Mee et ass awer vermoossen ze behaupten, dass e Parlament, wat direkt gewielt gëtt, an oppenen, ënner internationaler Opsicht stattfannende Walen, an e President, deen an oppene Wale gewielt gëtt, keng Demokratie wär. Ma da weess ech net, wat d'Definitioun vun Demokratie nach soll sinn.

*(Interruption par M. Fernand Kartheiser)*

Jo, Här Kartheiser, wa meng Ried vum Wladimir Putin geschriwwen gi wär, da géif ech mech hei net esou grouss opféieren.

*(Hilarité)*

Mir als Chamber mussen eis also hei och abréngen, fir dass mer eegen Informatiounen hunn an net blann enger Ausso hannendrunlafen an och net blann mussen gleewen, wat mer heibanne rapportéiert kréien. An deem Kontext begrësse mer natierlech, dass den 2. Juni dann den Austausch mam ukrainesche President hei an der Chamber stattfanne soll. Mir sinn eent vun deene weinigen, wann net dat eenzegt EU-Parlament, dat nach net d'Chance hat, sech mam President Selenskyj auszetauschen. An deementsprechend fannen ech et gutt, dass mer déi Chance elo kënnen wouerhuelen.

Här President, d'Ukrain huet an deene leschte Méint gewisen, wéi staark hire Wëllen ass, fir fir hiert Land anzestoen. Mee et bréngt dem Land näischt, Zaldoten a senger Arméi ze hunn, déi net kämpfe wëllen. Mir Piraten haten et schon am Ufank vun dësem Krich ugeschwat, an ech soen et och nach eng Kéier, well ënner Partner soll een éierlech matenee sinn: Mir fannen et net richteg, dass an der Ukrain jonk a manner jonk Männer gezwonge ginn, am Land ze bleiwe fir ze kämpfen!

An eisen Ae muss an engem demokratesche Staat all Mënsch d'Recht hunn, fir sech selwer ze decidéieren, ob e wëllt fir säi Land kämpfen an an der Konsequenz stierwen oder net.

All Mënsch muss d'Recht hunn, mat senger Famill vum Krich ze flüchten, fir sech an engem anere Land a Sécherheet ze bréngen. Dat ass an eisen Aen e Mënscherecht, wat geschützt muss ginn an net dierf a Fro gestallt ginn.

Mir Piraten gleewen un d'Recht op Liewen an net un eng Flicht zum Widerstand. Jiddereen, deen am Land bleift a bei der Verdeedegung vum Land hëllef wëllt, soll ënnerstëtzt ginn, mee en Zwang zu enger Krichsbedeelegung, deen och nach eng diskriminéierend, pauschal Ennerscheedung tëscht de Geschlechter virhëlt, ass an eisen Aen de falsche Wee.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir Piraten stinn och nach ëmmer zu engem Uelegembargo. Mir sinn der Meenung, dass d'EU-Memberstaaten dat stemme kënnen. All Dag, un deem mir als EU-Staaten dës Krich mat eisen Iwwerweisunge fir de russeschen Ueleg a Gas weider finanzéieren, ass en Dag ze vill! Dat ass een Dag, wou Russland weider Waffe ka kafen a weider Krichsverbrieche ka begoen. Dës Krich weist och ganz kloer, dass et fir Europa a puncto Energie nëmmen nach an eng Richtung ka goen, a Richtung méi alternativ, gréng Energien.

All Regierung an der EU muss also elo den Turbo aleen, fir vum de fossille Brennstoff ewechzekommen an och vum der Atomenergie, déi och vu Russland ofhängeg ass. Mir hunn hei vill ze laang geschlof, wouweinst mer elo Versuerungsproblemer mussen fäerten a Milliounen an d'Subventioun vu fossillen Energie stiechen, déi eise Planéit just nach méi futtimaachen an den Ausbau vum alternativen Energie weider bremsen.

Mir mussen aus dem Hamsterrad eraus, wou mer ëmmer nëmme kënnen déi nächst Méint garantéieren, während eis de Klimawandel ëmmer méi wäit fort schéngt. Et ass dofir och net ze akzeptéieren, dass Ungarn hei blockéiert a vum der EU-Kommissioun wëllt Geld erpressen. Mir haten elo eng Unitéit am Februar/Mäerz, déi mer esou an der EU laang net méi kannt hunn. Et wier ganz schued, wann dës Unitéit elo schonn erëm op en Enn géif goen. Mir appelléieren dofir och un Ungarn, fir hei net ze hënneren, fir am Contraire weider un engem Strang ze zéien an d'EU an d'Leit an der Ukrain net zum Spillball ze maachen, fir Geld vum der Kommissioun ze kréien.

Ech sot et an ech widderhuelen et: Jiddereen, deen net fir en Embargo stëmmt, desolidariséiert sech mat den Ukrainer!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nieft der Versuerungssécherheet mat Energie muss mer awer och un d'Liewensméttelsécherheet denken. Elo, wou Indien als Éischt en Exportstopp vu sengem Weess decidéiert huet, dunn awer erëm nuancéiert huet, fir déi ege Populatioun ofzesécheren, wäert et um Liewensméttelmarché nach eng weider Kéier unzéien.

De Rekordpräis vum Weess hu mer scho geknackt an d'Kurv gesäit am Moment just eng Richtung, nämlech stramm no uewen. Vill Länner, virun allem um afrikanesche Kontinent, wäerten elo ferm ze kämpfe kréien, wann d'Präisser nach weider klammen. An och wann Indie versprach huet, déi Länner, déi och mat Liewensméttelknappheet ze kämpfen hunn, weider ze beliwieren, muss mer eis preparéieren. An och Lëtzebuerg muss sech virbereeden, well och zu Lëtzebuerg gëtt et vill Leit, déi sech en Ustig vum de Weesspräisser net leeschte kënnen. A wa schonn elementar Produite klammen, dann dreift dat d'Inflatioun just nach weider an d'Luucht.

Och hei wäert dës derzou féieren, dass nach méi Leit Hëllef beim Office social oder der Caritas sichen. Dës Ulaftstelle mussen deementsprechend an den nächste Méint méi ënnerstëtzt ginn. Och dës ass e Punkt, dee bei enger méiglecher weiderer Tripartite misst noverhandelt ginn, well all Bierger u Kafkraaft verléiert, et awer erëm méi déi Leit am éischte

Quantil trifft, déi am meeschten drënner leide wäerten.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, a puncto Solidaritéit mat der Ukrain sti mir Piraten dann och fir en EU-Bäitritt vun der Ukrain. Jo, sécherlech net muer. Et gëtt Prozeduren, an déi Prozedure mussen agehale ginn. Déi Prozedure mussen hire Wee goen, mee et muss een déi Prozeduren awer och net kënschtlech verlängeren!

D'EU-Kommissiounspräsidentin huet um Europadag erkläert, dass d'EU der Ukrain elo ganz séier wäert Bescheid soen, ob se offizielle Bäitrittskandidat gëtt oder net. Dat ass e wichtegen éischte Schrëtt an där Prozedur, déi ech elo grad genannt hunn. Mee et kann och e ganz staarkt Signal un d'Leit an der Ukrain schécken, dass et eng Zukunft an Europa fir se gëtt, dass eng Zukunft an Europa méiglech ass.

Wie sech nach un d'Biller vum Maidan erënnert – dat dierf een net vergiessen, wou d'Leit eng autokratesch Regierung gestierzt hunn, well se hinnen ze wäit vun Europa ewechgeréckelt ass –, dee weess, dass d'Ukrainer sech majoritär wëlle Richtung Westen orientéieren.

D'EU géif domadder weisen, dass mir prett sinn, se an deene Reformen ze ënnerstëtzen, déi fir d'Erfëlle vun de Kopenhagener Krittären néideg sinn, fir schlussendlech kënnen Member ze ginn. D'Ukrain huet hei nach vill Aarbecht viru sech an dat soll een och net schéischwätzen. Et gëtt eng ganz Rëtsch Saachen, déi mussen gemaach ginn, wéi dat bei all Land, wat Kandidat fir d'Accessioun an d'EU ass, de Fall ass. Mee d'Perspektiv op eng Memberschaf gëtt Hoffnung.

An et ass och net nëmme wichteg, eng Unitéit ze weisen op EU-Niveau, mee natierlech och op NATO-Niveau.

Jo, och d'NATO ass net perfekt, an d'Piraten hunn dat och schonn hei gesot. Mir hu scho méi wéi eng Kéier deen een oder aneren Aspekt vun hirem Fonctionnement a Fro gestallt, wéi zum Beispill 2 % Participatioun vum Burdensharing, dee fir Länner wéi Lëtzebuerg einfach kee Sënn mécht. Mir kënnen net eng Arméi hunn, déi u Personalkäschten all Joer 2 % vun eise PIB verbrennt, well ausser enger Aarbechtsbeschafungsmoossnam wär dat näischt. Mir géifen domadder net eng besser Force opbauen!

Mee och wa mer fuerderen, dass an Zukunft eng Rei Reforme sollen ënnerholl ginn, esou stelle mer d'Bedeutung vun der NATO an deem Konflikt net a Fro. An duerfir ënnerstëtze mer och d'Demandé vu Finnland a vu Schweden, fir Member vun der NATO ze ginn. Do gesäit ee jo, dass d'Wladimir Putin mat senger Attack op d'Ukrain bal genau de Contraire erreecht vun deem, wat e warscheinlech wollt. En hat gemengt, e géif d'EU an d'NATO schwächen. A wat huet e gemaach? D'EU steet méi staark do wéi virdrun an d'NATO gewënnt nach zwee Membere bäi. Vum geopolitischen a virun allem vum militärstrategiegeschen Aspekt hier huet sech Russland ferm an d'eegent Fleisch geschnitten.

Mir wëssen, dass Finnland a Schweden zwou staark Demokratie mat engem modernen Arméiapparat sinn, déi e wichtege Bäitrag zur Sécherheet vun alle Membere kënnen leeschten. An hire Bäitritt wär net nëmme aus materieller Siicht e Gewinn fir d'NATO, mee natierlech och en extrem staarkt Symbol fir d'Eenheet an d'Versprache vum friddlechen Zesummeliewe vun de Länner um Europäesche Kontinent.

Mir, d'Europäesch Unioun, an Europa, mir hunn dese Krich net gewollt. D'Ukrainer hunn dese Krich net gewollt. A mir wëllen och net, dass sech eppes Änlech an Europa nach eemol widderhëlt. Dat mussen

mer ëmmer nees dättelech maachen, an dat geet am beschten duerch d'Demonstratioun vun enger staarker europäescher Unitéit fir de Friden, enger Unitéit, déi awer leider nëmme ze erreechen ass, wa mer eisen Adversairen, déi alles drusetzen, fir des Unitéit ze zerstëieren, eppes kënnen entgéintsetzen, wat se och respektéieren. A leider, muss ee soen, gesi mer an deene leschte Wochen a Méint – a warscheinlech hätte mer et scho misse viru Jore gesinn –, dass et nach ëmmer Leit op deser Welt gëtt, déi nëmme e staarkt Militär als Ofschreckung gesinn, fir sech net selwer progressiv ëmmer méi Land anzeverleiben.

Während déi eng also vun engem neie russeschen Empire droomen a mengen, d'Ukrain wär an 8 Minuten, 10 Minuten, 30 Minuten zu „Novorossija“ ginn, sou brauch et ebe grad de Géigepol: eng staark a vereenegt Unioun, e staarkt Europa, wat ebe genau deenen d'Stir bitt. An domadder mussen mer dann och d'Ukrain ënnerstëtzen an deem ganz wichtegen Moment vun hirer Geschicht.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

### *Prises de position du Gouvernement*

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, merci, dass mer haut desen Debat nees kënnen féieren. Ech hat virun e puer Wochen, kann ech mech erënneren, hei op deser Tribün gesot, dass et keen Dag gëtt, wou een net un d'Ukrain denkt. Ech mengen, dat, wat d'Madamm Oberweis och ganz am Ufank gesot huet, ass, dass et d'Victime sinn all Dag, déi duerch eng blann Attack vu Russland am meeschte leiden, an dass déi Biller net dierfen op eemol zur Gewunnecht ginn an dass et wichteg ass, dass mer all zesumme kucken, wéi mer den Ukrainer kënnen hëllefen.

An ech si frou, dass dat awer den Tenor ass – an erlaabt mer, do net op d'Poleemik vun deem engen a vun deem aneren anzegoen –, dass mer eis allegueren eens sinn, dass mer der Ukrain wëllen hëllefen, dass d'Ukrain d'Victime ass.

Ech kucken elo mol, déi Denominateur-communen, déi mer hei an deem Debat och fonnt hunn, kënnen ze cibléieren. An ech mengen, dass déi Diskussioun den 2. Juni, déi Interventioun vum President Selenskyj, wichteg ass. Ech hu jo reegelméisseg Kontakt gehat mam Wollodymyr Selenskyj. Ech sinn, ech géif soen, bal eemol d'Woch och Kontakt mam Denys Schmyhal, dem Premierminister aus der Ukrain.

A mir sinn eis es net bewosst, Här President, an ech stoung scho virun anere Publicken, fir dat kënnen ze soen: Ech gehéieren zu enger Generatioun, déi ni an enger Krichssituatioun gelieft huet. Mee wann Der engem Kolleg, mat deem der schwätzt, sot: „Ech ruffen der da muer un oder iwwermuer“, an da seet deen: „Ech weess net, ob ech dann nach liewen!“ ... Dat sinn esou Situatiounen, déi ech virun e puer Woche mat mengen Interlocuteurs erlieft hunn, déi ech kengem wënschen: dass ee muss ëm säi Liewe fäerten, wann een an engem Land wunnt, wat bombardéiert gëtt, well een eng Fonctioun huet, wou ee probéiert, d'Interête vu sengem Land ze verteidegen.

An duerfir sinn ech och frou, dass dat den 2. Juni ka stattfannen. An ech mengen, et wär och ganz wichteg, Här President – ech weess jo net, wéi d'Chamber sech wäert organiséieren –, wa mer och dignement,

dat heescht, nodeems mer de President gehéiert hunn, e klengen Echange awer kéinten hei am Plenum hunn. An d'Regierung wier och Demandeur, fir da kënnen ze intervenéieren.

Mir gesinn, Här President, déi Biller, an ech hunn Iech et gesot: Et sinn elo bal dräi Méint, wou mer déi Biller gesinn. An et sinn Dausende vun Ukrainer, déi hiert Land verlooss hunn, an ech hunn Ukrainer hei zu Lëtzebuerg begéint, déi komm sinn, déi net woussten, wou se géifen higoen, déi vläicht Kontakt hate mat engem, deen hei zu Lëtzebuerg war, déi och wollte weiderkommen, mee déi dann ebe keng aner Transportméiglechkeeten haten, fir op Lëtzebuerg ze kommen. Déi Leit hunn alles verlooss, alles.

An ech sinn och ganz frou – an et war déi honorabel Madamm Reding, déi jo virun e puer Woche schonn eng Fro gestallt hat, well dat hir wichteg war an eis och allegueren wichteg war –, dass mer direkt gekuckt hunn, wéi mer de Kontakt mat hirer Famill an der Ukrain kéinte garantéieren. Dat Schlémmst ass déi Ongewëssheet, net ze wëssen, wat muer geschitt.

Et ass wichteg, Här President, dass déi Biller net nëmme Biller bleiwen, mee dass och Ermëttlunge stattfannen, dass gekuckt gëtt, wat fir Strofdote stattfonnt hunn an dass och déi Leit, déi déi Grujlegkeeten, déi Verbrieche, gemaach hunn, identifizéiert ginn an och poursuiviéiert ginn. Dat muss elo gemaach ginn. Mir kënnen eis et net erlaben, dass duerno keng Preuvë méi do sinn!

Mir wëssen, dass déi materiell Zerstëierung vun der Ukrain riseg ass. A fir eis ass et ganz, ganz wichteg, dass op där enger Säit déi Rekonstruktioun vun der Ukrain ass, an als Konsequenz – an ech mengen, et war den honorabelen den Här Wiseler, deen dat och zitéiert hutt – awer och de Weessspräis an deenen nächste Wochen a Méint.

Mir sollen net vergiessen, Här President – well ganz vill Leit vergiessen dat –, dass zum Beispill de printemps arabe entstanden ass wéinst dem Präis vun Brout. Et war politesch Tensiounen do, mee et ass de Präis vum Brout, deen an enger Rëtsch vun arabesche Länner eng Revolutioun mat sech bruecht huet. An der Geschicht hu mer dat geléiert, an de Geschichtsbücher, beim Marie-Antoinette a beim Louis XVI.

Mee hei gëtt et de Fall, dass mer um afrikanesche Kontinent eng Instabilité politique riskéieren ze kréien an deenen nächste Wochen a Méint duerch kollateral Konsequenzen, déi dese Krich mat sech bréngt.

Erlaabt mer, Här President, duerfir op e puer Voleten anzegoen betreffend déi humanitär Komponent. Fir d'éischt huet Lëtzebuerg am Ufank vum Krich fir 4 Milliounen Euro humanitär Hëllef un d'Ukrain geliwwert. An ech wëll soen, mir hunn e Wirtschaftsminister an och Kooperationsminister, deem et ebe wichteg ass ze kucken, wéi mer iwwert d'Kooperationspolitik kënnen engem Partner wéi der Ukrain hëllefen. A mir hunn do virun allem e Fokus op d'Kannersécherheet. Mir hunn Deminage a Feierbekämpfung an och medezinnesch Ausrüstungen geliwwert. An d'Konnektivitéitsservicer fir d'Humanitäert goufen iwwert d'Telekommunikationsplattform emergency.lu dohannen organiséiert.

Fir eis ass et wichteg, dass d'Ziviliste geschützt ginn, dass virun allem d'Fraen an d'Kanner geschützt ginn, an dass en humanitäre Korridor net eppes ass, wat een nëmme seet, mee wat och den Zweck vun engem humanitäre Korridor soll erfëllen.

D'Opnam vu Flüchtlingen. Mir hunn iwwer 5.000 ukrainesch Flüchtlinge begréisst. An ech muss Iech soen, Här President, dass deen Élan de solidarité, dee



mer an dësem Land erlieft hunn, riseg ass, riseg! Et ass einfach onwarscheinlech ze gesinn, wéi bereet Famillje waren, wa se Plaz haten, vun haut op muer ze soen: „Hei, ech si bereet, eng Famill opzehuelen.“ Déi ganz Solidaritéit, déi do war, wou d'Leit, an ech muss dat awer och soen, eis et net ëmmer einfach gemaach hunn, well souguer Privatinitiative mam Bus dohinner gefuer sinn, fir Familljen heihinner ze bréngen. Déi Solidaritéit, fir einfach ze soen: „Ob et e Risk ass oder net, dat ass mir egal, ech wëll hëllef goen!“ Dat mécht een houvreg als Politiker ze gesinn, dass d'Lëtzebuerger d'Häerz op där richteger Plaz hunn.

An erlaabt mer, hei och dem Claude Meisch Merci ze soen, deen net hei ass, mat der Schoul an deem ganze Personal, déi et fäerdegbruecht hunn – an ech kréien och vun den Ukrainer hei Merci gesot –, dat séier an onkomplizéiert ze organiséieren, soss hätte mer awer de jonke Kanner och nach eng Hypothék op hir Zukunft ginn, wa se net hätte kënnen an d'Schoul goen. An d'Regierung huet sech mat engem Gesamtbetrag vun 100 Milliounen Euro engagéiert, fir de Flüchtlingen op nationalem Niveau kënnen ze hëllefen.

Wéi ech am Kontakt mam Här Selenskyj a mam Här Schmymhal um Telefon war, hu se eeben och gefrot, fir Waffen ze kréien.

Jo, Här President, mir hunn e Paradigmewissel gehat: Mir hu fir d'éischt och lethal Waffe geschéckt! Mee hei ass Krich! A mir wëssen, dass d'Ukrainer, wa se sech verteidige wëllen, net nëmme kënnen Saaen hunn, wou näischt dermadder ka passéieren. Jo, an engem Krich ass och eng lethal Waff en Element vum Krich. A gleeft mer et, et war net einfach fir d'Regierung fir ze soen: Mir wëllen deen dote Schratt maachen! Déi Waffen am Wäert vu 50 Milliounen hu vläicht Material futti gemaach, mee se hunn awer och ganz vill Liewe kënnen retten op ukrainescher Säit.

*(Interruption)*

A fir eis ass et och wichteg – och wann et fir d'éischt an onser Geschicht ass –, dass dat eng gemeinsam Äntwert war, zesummen als NATO-Partner an deem heite Fall.

Ech mengen, dass den Här Putin geduecht huet, dass hie mat dëser Aggressioun – déi keng Justifikatioun fënnt, wann ee vun Denazifikatioun schwätzt a wann ee vu Situatiounen schwätzt, déi einfach um Terrain net richteg sinn – fir d'éischt an der Ukrain als Held empfaange géif ginn an datt dat dann d'Ukrain géif splécken. Weeder dat eent nach dat anert ass geschitt. D'Ukrainer sinn nach méi no zesummekomm, wéi dat virdrun de Fall war. Do, wou hie gemengt huet, hie géif se auserneerappen, si se zesummekomm. Si kämpfen zesumme fir d'Iwwerliewen. An do, wou gemengt ginn ass, dass d'NATO géif auserneefalen, ass d'NATO nach ni esou staark gescheit wéi am Moment an am Zesummenhalt esou no. An dowéinsten ass et fir eis och wichteg, déi Kandidatur vu Finnland a Schweden, déi jo elo eng Kandidatur gestallt hunn, ze ënnerstëtzen. An ech wäert zu Madrid an deenen nächste Wochen och den nächste Sommer vun der NATO hunn, deen ee vun deene wichtigste wäert sinn, dee mer an deene leschte Jore kannt hunn.

Ech widderhuelen hei: Mir hu kee Krich géint d'russescht Vollek! Mir dierfen och net an déi Fal tappen, andeems mer géint all Russ, deen egal wou op der Welt ass, eng Russophobie developpéieren. Dat wier e Feeler.

**Une voix | Très bien!**

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Dat wier e Feeler! Mir müssen eng Attack

condamnéieren a mir müssen och déi Äntwert drop hunn, déi richteg ass. D'Ukrain brauch am Fong eis Ënnerstëtzung. A fir eis ass et och wichteg, dass d'Entscheidung, déi vun der russescher Féierung geholl gouf, fir d'Ukrain ze attackéieren, eng Verletzung vum internationale Recht ass. An eis militäresch Ënnerstëtzung ass, fir d'Ukrain justement géint dësen Aggressiounskrich ze stäerken, fir am Fong der Ukrain ze hëllefen, sech ze wieren.

Här President, och vun de Sanktiounen gëtt ganz vill geschwat. Dir wësst jo, dass de sechste Pak och ënnerwee ass. An ech sinn iwwerzeegt, dass dat wichteg ass, well mir souze virun e puer Wochen hei, wéi gesot ginn ass, e Mandat impératif misst an déi Richtung goen. Dir gesitt, dass et ganz komplizéiert ass. A mir sinn déi Éischt, déi déi ganzen Zäit matmaachen, fir Kompromësser ze fanne fir weiderzekommen.

Beim Pétrol hu mer Iech jo och gesot, dass mir do net tributär sinn. Dat heescht, fir eis wier dat kee Problem, mee aner Länner sinn total tributär. Ech zitieren elo net dat eent oder anert Land. Mee fir eis ass et wichteg, dass mer elo esou séier wéi méiglech Léisunge fannen. An ech trauen der Présidence, dem Här Michel an och der Madamm von der Leyen, dass se zesumme mat deenen engen oder aneren, déi Problemer hunn, iwwert d'Duréeën oder weini et a Kraaft trëtt oder wéi ee kann hëllefen, Léisunge wäerte fannen. A mir müssen eis bewusst sinn: Och wa mir net tributär vum russesche Pétrol sinn, wäerten duerch déi Aktioun d'Präisser klammen. Et soll kee mengen, d'Präisser géifen doduerjer net klammen!

Am Kontext vum Gas wësst Dir, dass dat déi selwecht Prozedur ass. A fir eis ass et, wéi gesot, wichteg, dass mer op EU-Niveau am Fong vun deene ganze russeschen Hydrocarburen ewechkommen.

Här President, ech mengen, et war den Här Wiseler, oder ech hunn et verpasst, mee et ass ganz weening vu Moldawien a vu Georgie geschwat ginn. Den Här Graas huet och driwwer geschwat, den Här Cruchten och, mee et ass weening driwwer geschwat ginn, well mer de Fokus selbstverständlech alleguerten op der Ukrain hunn. Mee mir dierfen de Feeler net maachen, déi zwee Länner do ze vergiessen. Déi Länner hunn hir Kandidatur och gemaach. Maacht net de Feeler, dass mer duerno soen: D'Ukrain gëtt Member vun haut op muer a Moldawien a Georgie gi vergiess! Dee Feeler dierfe mer net maachen.

Dir hutt jo gesinn, dass an Transnistrien am Moment schonn Demonstratiounen waren oder op jidde Fall Aktivitéit-militairen, déi hoffen ech, net e Virgeschmaach sinn op dat, wat ka geschéien. Duerfir, et wier e politesche Feeler ze soen: Mir kucke just d'Ukrain an déi zwee aner sinn eis egal!

Wa mer vu Prozedur schwätzen: Hei ass gesot ginn, mir missten direkt Zeeche setzen, se direkt Member maachen. Mee mir solle keng falsch Hoffnungen ginn!

Här President, ech wëll hei keen enttäuschen. Et gëtt keng Procédure accélérée. Et gëtt de Statut vum Kandidat oder Netkandidat. A wann een de Statut vum Kandidat huet, da gëtt et eng Rëtsch vu Krittikären, déi ze respektéieren sinn. An et soll keen d'Gefill ginn, dass, wann ee bis Kandidat ass, et dann eng Affär ass vun e puer Wochen, fir Member ze ginn.

Et gëtt eng Rëtsch vu Krittikären, déi mer hunn an de Kopenhagener Krittikären. Duerfir ass et och d'Idi vu mengem EU-Rotskolleg, dem Emmanuel Macron, fir ze kucken, wéi mer si méi kënnen abannen. Firwat kann een zum Beispill beim Erasmus oder bei deem engen oder bei deem anere Programm net méi mat hinne schaffen? Oder am Bannemaart, am Programm „Horizont“? Fir d'éischt kéint ee méi en déiwe

politeschen Accord mat hinne fannen, zum Beispill iwwer esou Pisten; dat, mengen ech, wier ganz wichteg.

Mee mir kënnen net soen, dass de Rechtsstaat eis op eemol egal ass, dass d'Droits fondamentaux eis egal sinn, dass d'Krittikäre vu Kopenhagen eis egal sinn. D'Maartwirtschaft muss fonctionéieren, de Rechtsstaat muss fonctionéieren. Mir hunn do d'Krittikäre vu Kopenhagen, déi sinn do an déi müssen och respektéiert ginn.

Duerfir soll een net probéieren – an ech weess, dass den Drock grouss ass –, de Leit falsch Hoffnungen ze ginn, andeems ee seet: „Muer Kandidat, iwwermuer sidd Der dobannen!“ Dat ass falsch. Dat geet net, well et déi Krittikäre gëtt. Ausser mir setzen d'Krittikären ausser Kraaft. Mee da muss dat och fir déi aner Länner zielen. Et gëtt delikat ze soen, datt et fir déi eng zielt an net fir déi aner.

Här President, erlaabt mer just eng Konklusioun, well ech weess, dass nach aner Regierungskolleegen d'Wuert ergräfen. Ech weess net, wéi laang dëse Krich dauert. Ech ka just am Numm vun enger Generatioun schwätzen, déi de Krich net kannt huet, ausser aus Geschichtsbücher. Wa gesot gëtt, datt mir um europäesche Kontinent säit dem Zweete Weltkrich kee Krich kannt hunn, wëll ech just drun erënneren, dass och ganz vill Flüchtlingen aus Exjugoslawien op Lëtzebuerg komm sinn, déi och eng Krichssituatioun kannt hunn, an dat ass och nom Zweete Weltkrich geschitt.

A mir sollen net vergiessen, dass d'Zivillbevölkerung déi ass, déi haut leit, dass e Land futti gemaach gëtt, platt gemaach gëtt, dass Leit stierwen, déi näischt falsch gemaach hunn. Mer mierken, dass den Dialog ganz, ganz schwéier ass. Mee den Dialog dierfe mer ni opginn. Mir müssen alleguerten de Russe wierkelech soen: „Et huet kee Wäert! Dir sidd net nëmme amgaangen ze probéieren, d'Ukrain futti ze maachen, Dir sidd amgaangen, déi Relatiounen, déi mer nom Fall vun der Mauer opgebaut hunn, futti ze maachen! Dir sidd amgaangen, kulturell, frëndlech, wirtschaftlech, diplomatesch Liene mat der ganzer Welt futti ze maachen! Et ass Zäit fir opzestoen, Iech an de Spiegel ze kucken an Iech d'Fro ze stellen, ob et wierkelech dat dote wäert ass!“

Ech soen Iech Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Premierminister Xavier Bettel. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo den Här Ausseminister Jean Asselborn.

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, dass ech net falsch leien, wann ech soen, dass eigentlech d'Welt nom Zweete Weltkrich ni esou eng Barbareie vu Krich, esou eng Attack vun engem Land op dat anert gesinn huet, wéi dat, wat sech elo zanter dem 24. Februar ofspillt.

Mir hate Kricher – verschidde Leit hunn drop higewisen –: Zypern, natierlech d'Balkankricher, mir hate Georgien, d'Krim. Mee déi massiv Attack hei, dat ass et net ginn zënter dem Zweete Weltkrich, a si gëtt ugefouert vun engem Land, wat permanente Member ass vum Conseil de sécurité, een Organ vun der UNO, wat jo eigentlech do ass, fir Kricher ze verhënnern.

Nun, erlaabt mer vläicht ze soen, dass mir, an ech bezéie mech do selbstverständlech mat an, eng gewësse Garantie haten, dass mer eigentlech geduecht hunn, duerch déi Reegelen vun der Aussepolitik, déi international Reegelen, déi multilateral Zesummenaarbecht

an déi Weltuerdnung, wéi se nom Zweete Weltkrich opgebaut ginn ass, dass hei an dësem Europa ni méi dat erëmkéim, wat eng Kéier do war bis 1945. Mir hu fest dorunner gegleeft, dass mer alles opgebaut hätten, fir dass dat ni méi kéint geschéien. An do hu mer eis och enger gewëssener Bequeemlechkeet erginn, enger gewëssener Bequeemlechkeet och no 2014, a mir hu gemengt, mir hätten d'Recht op déi Bequeemlechkeet. Mir hunn de Gas an de Pétrol do geholl, wou en am bëllegste war, wou mer am beschten dru komm sinn, a mir hunn es eigentlech esou vill geholl, dass dat d'Basis war vun der Industriepolitik vun der Europäescher Unioun.

De 24. Februar si mer erwächt ginn. A wann ech soe „mir“, sinn dat selbstverständlech allegueren déi, déi an Europa liewen, an der NATO liewen. Mir sinn haart gerëselt ginn. An och hei muss een eng Restriktioun maachen – ech war an Zwëschenzäit an e puer Länner vun dëser Welt –, well et muss ee wëssen, dass dee Krich, deen d'Russen declenchéiert hunn, net iwwerall op der Welt op alle Plazen als Aggressioun ugesi gëtt an dass d'Affer och net iwwerall op der Welt d'Ukrain ass, esou wéi si dat verstinn.

Mir hunn e Vott, dee war eendeiteg, wat d'Zuelen ugeet, an der Assemblée générale. Et si ganz wéineg Länner, ech menge 5, déi sech op d'Säit vun de Russe gestallt hunn. Allerdéngs hu sech der 35 enthalten, a bei deene 35 hu mer méi wéi 50 % vun der Weltbevölkerung – denkt u Länner wéi Chile a wéi Indien.

An ech wëll vläicht heibannen engem jonke Mënsch, dem Nathalie Oberweis, soen, well se geschwat huet iwwert den Non-Alignement: Mir musse wëssen, dass allerdéngs kann e Krich entstoen, wann zwee Länner Sträit hu mateneen, dass et do op eemol Krich gëtt. Mee hei musse mer an eise Kapp hunn, a mir mussen dat iwwerall op der Welt soen a verteidigen, dass hei ee Land ass, dat Russland heescht, dat een anert Land, dat Ukrain heescht, iwwerfall huet, well Russland mengt, d'Ukrain hätt keng Daseinsberechtigung. A gleeft mer, dat huet näischt mat Non-Alignement ze dinn. Dat huet näischt dermat ze dinn, op wat fir enger neutraler Positioun ee steet. Hei dierf et net sinn, dass dat, an dem Brexit an nom Trump op der ganzer Welt entstanden ass, nämlech, dass Evidenze relativ sinn, dass dat an esou engem Fall och ass.

Gëschter hate mer den Ausseminister vun der Ukrain, den Hăr Kuleba, zu Bréissel bei eis. Hie sot e puer einfach Zuelen. Hie sot: „An der Ukrain stierwen all Dag tëscht 60 an 100 Zaldoten, vun ziville Leit guer net ze schwätzen.“ Tëscht 60 an 100 Zaldoten! 500 Leit ginn Dag vum den Zaldote blesséiert. Et sinn 140.000 russesch Zaldoten an deem Land, wou se näischt verluer hunn, déi all Dag mat 100 Fligere op dat Land schéissen, et bombardéieren, eebe mat Missilen a mat Bomben dat Land bombardéieren.

Als Europäesch Unioun an als NATO hu mer – an ech kann dat bezieen, well ech jo bei deene meeschte Saachen och do derbäi war –, wierklech alles gemaach, fir de Putin zrëckzehalen, fir Gesprécher ze hunn – an do ass d'Diplomatie jo net elo gefuerdert, d'Diplomatie war jo virdru gefuerdert, ier dee Krich do entstanden ass –, an dat kann ech Iech soen, och mat méi erfuerene Leit wéi ech, an déi ganz aner Kompetenzen hunn. Nach ni, nach ni an der Welt ass esou probéiert ginn, fir dem Putin wierklech kloer ze maachen, dass dat doten net geet.

Mee de Putin, dat wësse mer haut, hat schonn am November 2021 decidéiert, dee Krich ze féieren. Alles, wat duerno komm ass, kann ee vergiessen. Dat ware Ligen! En huet gelunn nach bis de leschte Moment, d'Ukrainer belunn, eis belunn. En huet gesot: „Dir

wäert dach net mengen, dass d'Russe géifen op hir Schwëstere an op hir Bridder an der Ukrain schéissen.“ A just de Contraire ass geschitt!

Nun, wat sinn déi Mëttelen, déi mir als Europäesch Unioun hunn, fir eis dergéint ze stellen? Ech mengen, mir mussen esou bescheide sinn, dass mer dat mussen an de Kontext vun der Europäescher Unioun stellen, wa mer hei zu Lëtzebuerg doriwwer schwätzen.

Ech mengen, d'NATO weist – vläicht och fir déi Leit, déi vill méi kritesch vis-à-vis vun der NATO sinn –, dass se definitiv eng defensiv Allianz ass. Wann et eng offensiv Allianz wier, dann hätte mer den Drëtten Weltkrich, da wier deen amgaang. Dann hätte mer d'NATO géint Russland an der Ukrain stoen. Also, ech mengen, dat ass eng Erkenntnis, déi een éierlechkeetshalber muss gesinn.

D'Sanktiounen, d'militäresch Ënnerstëtzung. Et ass wierklech interessant, wéi Der hei iwwert d'Sanktiounen geschwat hutt. Ech wëll just eng kleng Remark maachen am Ufank: Lëtzebuerg mécht keng Sanktiounen, géint keen. Mir hu keng legal Basis, fir Sanktiounen ze declenchéieren géint e Land. D'Sanktiounen, déi mer maachen, maache mer aus Solidaritéit mat der Europäescher Unioun. Dat sinn der 27. An dass dat net einfach ass, fir déi 27 op en Nenner ze kréien, dozou soen Iech nach ee Wuert, iwwert den Ueleg.

Dat heescht, alles wat decidéiert ginn ass, wat d'Sanktiounen ugeet, ass gemeinsam vun deene 27 an der Europäescher Unioun decidéiert ginn. A Lëtzebuerg huet do grouss Solidaritéit gewisen. An ech soen och do der ganzer Chamber Merci, well se stoung do hannerdrun, ech mengen, iwwert d'Regierungsparteien ewech.

Bon, elo muss ee wëssen, dass déi Debatt, firwat Sanktiounen ... Et misst een och vläicht do ufänken. Stellt Iech vir, nom 24.2. hätte mer gemaach: „D'Welt leeft viru fir eis, on s'en fout, dat huet jo näischt mat eis ze dinn, wéi verschiddener dat vun der AfD an anere rietse Parteien an Europa soen.“ Ech mengen, do wiere mer als Regierunge mat Recht aus dem Stall gedriwwen ginn.

Wat hu mer also gemaach? Mir hunn déi Sanktiounen, déi ... Firwat hu mer d'Sanktiounen gemaach? Majo, fir d'alleréisch, fir Russland net op all Éiwegkeet ze schwächen, mee fir Russland ze soen: „Mir liwweren Iech keng Mëttele méi iwwert d'Ekonomie, fir dee Krich do weiderzeféieren.“ Dat ass deen éischte Punkt.

Deen zweete Punkt ass verhandelen – ech mengen, den Yves Cruchten huet dat gesot –: Mee ier mer kënne verhandelen, muss fir d'éischt emol dee Krich gestoppt ginn; duerfir maache mer Sanktiounen, fir dass de Krich gestoppt gëtt.

An da wëll ech eppes soen: Méi grouss Leit wéi ech op der Welt soe mer, dass et net geet, och net an dësem Krich, dass een engersäits verhandelt an anerersäits Krich féiert. Entweder et verhandelt een oder et féiert ee Krich. An duerfir soen ech Iech: A mengen Ae kritt d'Diplomatie eréischt eng Chance, wa mer et effektiv fäerdegbréngen, wéinstens zu enger Wafferou ze kommen.

Duerfir d'Sanktiounen! Lo kann een driwwer philosophéieren esou vill wéi ee wëll, mir hu se misse maachen. D'Zil vun de Sanktiounen war net, Russland ze zerstéieren – jiddefalls ass et dat, wat ech an all deene Sätzungen vun der Europäescher Unioun matgemaach hat –, et war, fir Russland ze weisen: Halt, mir wëllen Iech d'Mëttelen ewechhuelen, fir dee Krich do weiderzeféieren.

Mir mussen allerdéngs wëssen, dass de Rubel ..., deen ass massiv present zu Moskau, duerch de Präis vum Ueleg, duerch de Präis vum Weess, duerch de Präis vum Gas. Dee war d'Hallschent an en ass elo dat Duebelt. Dir kënnt Iech virstellen, wéi d'Keess do klimpert. An de Putin, dee finanzéiert säi Krich mat dem Rubel.

Sou. Mir hunn elo fënnef Päck Sanktiounen gemaach. Ech brauch dat net opzezielen, Dir wësst dat. D'Finanzen, d'Technik, d'Fligere – alles ass hei genannt ginn –, de Krisenekipement, d'Raffinerien, dann d'Ressources naturelles an natierlech och d'Oligarchen an esou weider an déi Persounen, déi politesch Decideure sinn.

Elo, fir d'Aktualitéit derbäizehuelen: Ech kouw gëschter vu Bréissel, do hu mer iwwert dee sechste Pak geschwat bei den Ausseministere. Mir hunn d'Responsabilitéit als Ausseministere am Conseil, fir dee Pak hinzekréien. An deem Pak sinn iwwer 60 Leit viséiert. Do ass och dee Kyrill dobäi. Dat ass dee russesch-orthodoxe Patriarch an Dir wësst, dass dat een ass, deen eng gewëssen ..., e wéineg prekär ass an deen natierlech och dauernd dat mécht, wat de Putin him vormécht. An ech mengen, dass endlech och zu Roum agesi ginn ass, dass een do vläicht awer eng gewëssen Distanz muss halen. Bon, dann d'SpareBank – dat ass mat déi gréisste Bank, déi et gëtt a Russland – an dann nach eng aner Bank an den Ueleg.

Also d'Ungarn, si jo net meng allerbeschte Frënn. Ech wëll just hei soen, an der Saach, an et ass net nëmmen Ungarn, mir musse weider do eng Chance kréien ze verhandelen. A wann ech soe „mir“, ass dat net eleng Ungarn. Dat gëtt, mengen ech, net ganz richtig duergestallt. Et sinn och aner, déi Problemer hunn. Mir hunn och gesot an der Europäescher Unioun, wann ee Land d'Sanktiounen muss esou aféieren, wéi se elo decidéiert ginn, a se därmoosse Schued hunn, da kënne se op d'Solidaritéit, op déi finanziell Solidaritéit zielen. Natierlech dierfen dat keng 20 Milliarde ginn, dat ass kloer, mee et muss een op der Zäitschinn kucken, ob déi verschide Länner, déi wierklech Schwieeregkeeten hunn, net op der Zäitschinn kënne gehollef kréien. Dass dat dann net eng Zäitschinn ass vu Méint, mee vläicht vu Joeren, dat ass net onméiglech.

Gëschter ass d'Buch net zouggeschloen ginn a gesot ginn: „Mir maachen elo näischt méi.“ Et ass gesot ginn, eis Ambassadeure sollen Instruktiounen kréie vun hire Ministere, dass et weidergeet. An ech mengen, dat ass och dat ... Ech sinn och iwwerzeugt, dass dat geschitt.

De Pétrol: Et sinn, wann ech richtig nogelauschert hunn, 400 Milliounen den Dag, déi de Putin kritt, net netto, mee eleng vum Pétrol. Also et ass schonn en immens ..., et ass méi wéi de Gas, siwemol méi wéi de Gas, mengen ech. Dat ass also elo de sechste Pak, dee mer mussen hikiréien. Ech weess net, wéini, mee et gëtt weider dru geschafft. An da kënnt och eng Kéier dee siwente Pak, wou een da muss kucken, ob de Rescht vun den Energiekomponenten, natierlech de Gas, net och ka mat drakommen.

*(M. Marc Spautz prend la présidence.)*

Dann dat Zweet, dat sinn d'Waffen. Bon, effektiv, ech sinn elo 18 Joer dobäi, an nach ni, nach ni war eng Diskussioun esou séier ..., dass se esou séier gedréint huet, fir ze soen: Elo musse mir Waffe liwweren. Am Ufank kleng Waffen, se sinn ëmmer méi grouss ginn. Firwat si se ëmmer méi grouss ginn? D'Biller vu Butscha an aner Saachen hunn immens gespillt. D'Leit si sech bewosst ginn, dass wa mer d'Ukrainer net ënnerstëtzen, och mat seriöse Waffen, dass se



dann effektiv niddergemetzelt ginn. An ech mengen, déi Responsabilitéit konnt een net op sech huelen.

Déi ganz ... Wann Der Länner kuckt, Frankräich manner wéi Däitschland, zemools e Land wéi Däitschland, wat jo am Zweete Weltkrich eigentlech mat Russland Milliounen Leit um Gewëssen huet, dass dat schwierig ass an dass et schwéier war a schwéier bleift ..., mee och do wéi och an anere Länner ass sech duerchgeronge ginn, fir effektiv och schwéier Waffen ze liwweren.

Ech soen hei ganz kloer – ech maach falsch leien –: Mir kënnen och decidéieren, keng Waffe méi ze liwweren, dann ass de Krich eriwwer; dann ass de Krich eriwwer, mee wéi ass en eriwwer? Wéi ass en eriwwer? Wéi vill – 10.000, 100.000 – Leit leiden dann dorënner, verléieren hiert Liewen? Duerfir géif ech mengen, vun deem wat ech op jidde Fall weess, dass dat keng Alternativ ass an dass d'Alternativ déi ass, dass ee weider d'Ukrain ënnerstëtzt, och mat Waffen, fir sech ze wieren. Dir hutt gesinn, dass de Projet vum Putin dee war, fir ganz séier zu Kiew ze sinn. An ech mengen, schonn no zwou oder dräi Wochen huet e Kiew fale gelooss, an et gëtt sech leider op déi zwou Provënzen am Donbass plus natierlech d'Schwaarzt Mier, Mariupol, konzentréiert, fir dann d'Krim ze kréien a fir natierlech och d'Ukrain vum Mier ofzeschneiden.

Zu Berlin war elo – dat war déi éischte Kéier an der Geschicht vun der NATO – eng Gymnich, also eng informell. Dat war gutt. Mir konnte mat de Finnen a mat de Schwedde fräi schwätzen. Dat ass och gutt ugaangen, jee, jidderee war iwwerzeegt, datt et do keen Eclat géif ginn, vu kenger Säit. An op eemol ... Ech hat gewot ze soen, dass all déi 30 heimadder missten d'accord sinn, an zwou Minutten duerno ass den tierkeschen Ausseminister erauskomm an huet gesot, dass si Problemer hätten. De Virwand sinn effektiv déi kurdesch Geschichten a Finnland an och a Schweden, dass do d'PKK géif ënnerstëtzt ginn. Mee also, wann Der Schweden a Finnland kuckt, déi produzéieren net esou vill Waffen, fir d'Tierkei ze destabiliséieren an och net, fir d'Politik vun der PKK nei ze bestëmmen. Ech mengen, et ass e ganz aneren Hannergedanken. An deen Hannergedanken viséiert éischter d'Amerikaner, fir do dat Militärekipement ze kréien, wat se am Joer 2017 net kritt hunn. An ech mengen, dat sinn d'Diskussiounen, déi och wäerten do gefouert ginn.

Allerdéngs, soen ech Iech, et ass ee geféierlecht Spill dat do, e ganz geféierlecht Spill. Schweden a Finnland ... Mir hunn dat gesinn an engem klengo Land am Montenegro, ier Montenegro an der NATO war, wéi versicht ginn ass, Montenegro ze destabiliséieren.

Hei sinn zwee grouss Länner – relativ grouss par rapport zu Montenegro, selbstverständlech, och par rapport zu eis –, an duerfir, wann eng Grozon géif entstoen, wier dat schlecht. An duerfir ass och mäin Appell un Iech an der Chamber – ech mengen, den Yves Cruchten huet dat gesot –: Mir kéinten eis als Ausseministere virstellen, dass schonn an där nächster Woch, also an där Woch, géifen d'Demande kommen an an där nächster Woch kéint ratifizéiert ginn, wéi een dat dann nennt, vun den Ambassadeuren zu Bréissel, dass déi e Mandat hätten, dass net soll gewaart ginn; ausdrécklech ass gesot ginn, net ze waarde bis de Sommet vu Madrid, well dat vill ze vill spéit wier. An et hânt natierlech lo dovunner of – mer mussen d'Unanimitéit hunn –, wéi de Maître Erdogan sech do verhält.

Op jidde Fall ass et net, fir heimadder ze spaassen, och net fir d'Leit a Schweden an a Finnland. Dir kënnt

Iech virstellen, dass eng gewëssen Angscht trotzdem do ass. Dofir sinn och Accorde gemaach ginn, enger-säits mat de Fransousen, anerersäits mat deenen Däitschen, och mat den Englänner, fir bilateral een deem aneren ze hëllefen, wann eppes géif geschéien.

Sou, vläicht nach ee Wuert zur Rekonstruktioun: Et ass nëmmen niewebäi ugeschwat ginn, mee mir kënnen näischt an der Ukrain als international Gemeinschaft rekonstruéieren, wann net dominéiert ginn ass. Den Deminage ass fundamental. Do ass elo e Fong vun der Europäescher Unioun gegrënnt ginn, fir den Deminage virunzebréngen an dann eeben un d'Rekonstruktioun ze goen.

Ech wëll nach eppes zur Diplomatie soen. Ech hat am Ufank gesot: D'Diplomatie war massiv, massiv amgaangen, de Putin ze iwwerzeegen, fir dat net ze maachen. „Ça a échoué.“ Et muss een et esou gesinn. Dat ass esou. Dat huet kee fäerdegbruecht. A mir sinn elo prett, jiddefalls an der Europäescher Unioun, an ech géif och soen an der NATO, fir esou bal wéi déi Waffe rouen, eng international Konferenz ze kréien, wou ee kann iwwer eng souverän, onofhängeg a fräi Ukrain an dann natierlech och iwwert d'Relatioun mat Russland schwätzen.

Mee ech soen Iech hei nach eent. Dir kuckt alleguerten Televisioun. Dir hutt gesinn, wéi den UNO-Generalsekretär zu Moskau war an dunnt zu Kiew. A wéi en zu Kiew war, deen nammlechten Dag, op e puer honnert Meter vun engem Hotel, wou hie war, huet de Putin him eng kleng Bëmmche geschéckt vun aacht Meter Längt, déi net wäit vun deem Hotel ewech explodéiert ass. Dat war en Zeechen: „Mir ass och d'UNO egal.“

A wann d'UNO – an ech wëll och vläicht dem Nathalie dat nach eng Kéier soen – net als eng Instanz, déi fir Friden a fir Diplomatie ka suergen, ugesi gëtt, wie soll et da maachen? Ech mengen, hei kéint een all theoreetesche Geschichten erzielen, dass mer mussen zu Gesprécher kommen. Istanbul ass laang verflunn, do ass jo guer keng rieds méi doriwwer. An och déi Gesprécher tëscht den Ukrainer an de Russen, do muss ee wëssen, dass dat ni eppes war, fir zu engem generelle Friden ze kommen. Do ass et iwwer Couloire gaangen, déi sollten etabliert ginn, mee net iwwer e generelle Friden.

Sou, ech mengen, zum Schluss wéilt ech nach soen, jo, dass dat e Krich ass, dee Russland a mengen Aen aus der ziviliséierter Welt erausgehet, dass et e Krich ass, deen eng Warnung ass och fir d'Mënscheit, dass se muss blann Gewalt fäerten, wann d'Wourecht zur Lige gëtt a wann d'Ligen zur Wourecht gëtt.

Ech wëll, mengen ech, mat Iech alleguerter fir eis Kanner, dass mer an eng Welt liewen, wou kee Land d'Arroganz an d'Recht huet, deem aneren ze soen, et hätt kee Recht ze existéieren.

Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci dem Här Ausseminister. An deen nächsten, deen d'Wuert géif un eis riichten, ass de Wirtschafts- a Kooperationsminister, den Här Franz Fayot.

**M. Franz Fayot**, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire | Merci, Här President. Léif Deputéiert, ech géif mech fir d'éischt gären um Enn vun där Debatt mat all deenen associéieren, déi dee Krich, deen Aggressionskrich vu Russland géint d'Ukrain, op d'Schäerfst condemnéiert hunn; bal allegueren an där Chamber, mat der Exception vum engem Kreml-Verstoer, e ganz rietse Spektrum, e politesche Spektrum hei an der Chamber, mat deem ech mech natierlech expressément desolidariséieren.

An ech géif mech och do wierklech gären associéiere mat där Empörung, déi de Claude Wiseler a senger Ried expriméiert huet, déi ech ganz beandrockend fonnt hunn, an awer och mat anere Riedner, déi sech dovunner hei wierklech op dat Kloorst demarkéieren.

Ech géif just gäre kuerz intervenéieren an, éischts, e puer Saache soen zu de wirtschaftleche Repercussione vun dësem schreckleche Krich. Et ass scho bal indezent, vu Wirtschaft ze schwätzen, mee et ass awer trotzdem eppes, mat deem mer an Europa an och zu Lëtzebuerg konfrontéiert sinn, wou och eng Partie Riedner drop agaange sinn, haaptsächlech, wat d'Energiepräisser ugeet.

An zweetens wéilt ech och op eppes agoen, wat verschidde Riedner ugeschwat hunn, nämlech den Impakt op déi Welthongersnout, déi souwisou scho schlëmm ass an déi nach eng Kéier méi schlëmm gemaach gëtt duerch dat, wat an dësem Krich geschitt, insbesonnesch wat de Weess an d'Livraisoun vum Weess ugeet.

Ugefaange mam wirtschaftlechen Impakt. Bon, ech mengen, den direkten Impakt op eis Wirtschaft ass relativ limitéiert. Mir hu ganz weëneg direkt Exporter a Richtung Ukrain an och a Richtung Russland. Och an déi aner Richtung ass dat ganz weëneg, soudass dat do weëneg Impakter huet souwuel, wat eis Exporter, awer och, wat eis Handelsbilanz ugeet. Wat de Gas ugeet ass et esou, dass de Gas, dee mer zu Lëtzebuerg kréien, e Melange ass, dee verschidden Originen huet. Et ass gesot ginn, mir ginn do haaptsächlech iwwert de belsche Gasreseau beliwwert, wou natierlech och russesche Gas dran ass, mee well do ganz vill iwwert de Marché spot kënnt, ass et am Fong geholl onméiglech, do wierklech fiabel Informatiounen iwwert d'Origin vum deem Gas ze kréien.

Et ass natierlech awer nawell esou, dass den Haaptimpakt op eis Wirtschaft en indirekten Impakt ass, deen natierlech souwuel duerch d'Schwieregkeeten um Niveau vun de Liwwerkette kënnt wéi awer och duerch d'Erhéijung vun den Energiespräisser. Ech mengen, dat ass den Haaptimpakt, dee mer gesinn. D'Präisser vu ville Matière-première goufen och no uewe gedréckt, besonnesch am Beräich vun de Metaller. Russland beliwwert Europa mat Aluminium, Néckel, Titan a Palladium, alles dat ass natierlech elo ofgebrach, an eebe Getreider. Do kommen ech nach duerno kuerz drop ze schwätzen.

Och um Niveau vun den Intrante gëtt et eng ganz Rei Impakter, wat d'Energie nach eng Kéier ugeet, awer och Dünger, déi och do en indirekten Impakt kréien op d'Präisser vun de Matière-première, insbesonnesch de Weess a Biens-alimentairen, wou d'Ukrain a Russland Schlësselexportateure sinn.

Bon, ech mengen, alles dat ass natierlech schonn an engem souwisou ganz tenduen Ëmfeld geschitt. Weltwäit hu mer eng Relance vun der Economie gesinn. Ugefaangen no der Pandemie am September d'lescht Joer, sinn d'Energiepräisser schonn an d'Luucht gaangen, och d'Matière-première an eng Rei Produiten, wou d'Liwwerketten ënnerbrach goufen. An dee Krich, deen am Februar ugaangen ass, huet dat natierlech alles nach eng Kéier ëm munches verschlëmmert. An dat ass dat, woumat mer elo kämpfen, wat eng ganz héich Inflatoun mat sech bréngt, wou mer net esou richteg wëssen, wéini se zu engem Enn kënnt. Also eng ganz grouss Incertitude, eng ganz grouss Volatilitéé; ech mengen, dat ass den haaptsächleche wirtschaftlechen Impakt vun dësem schreckleche Krich.

Och wat den direkten Impakt op eng ganz Rei Betriber ugeet, hu mer e puer Betriber, déi hei betraff sinn. Mir hunn där, déi a Russland aktiv waren. Déi

meescht hunn natierlech elo hir Aktivitéit a Russland suspendéiert.

(*M. Fernand Etgen reprend la présidence.*)

Mir hunn anerer, déi och en Impakt gesinn, zum Beispill eng Cargolux, déi jo ganz vill Flich a China huet, déi virduun iwwer Russland geflu sinn. Abée, déi kënnen dat elo net méi maachen a mussen natierlech eng ganz Rei Detouren an eng Rei aner Fluchrouten huelen, wat natierlech hir Fluchzäite verlängert an och zousätzlech Tëschelandunge mat sech bréngt an dat natierlech alles och verdeiert.

En anereren Effet, dee mer um Niveau vun de Betriber gesinn, sinn déi, déi erakommen: Mir hunn eng Rei russesch Betriber, déi eng Presenz zu Lëtzebuerg haten, déi eis kontaktéiert hunn, fir eng Relokalisatioun vun hirem Personal vu Russland op Lëtzebuerg ze kréien. Dat si wéi gesot Betriber, déi schonn hei present waren an déi wierklech gefrot hunn, fir nom Ausbroch vum Krich hir Büroen an och hir Produktionsstellen zum Deel vu Russland op Lëtzebuerg ze verlageren. Dat ass keng einfach Saach, éischstens, well dat einfach logistescht schwierig ass, awer och, well mëttlerweile deene russesche Betriber, déi d'Land verloossen, zum Deel och schwéier Konsequenzen droen.

Bon, mir hunn och mat enger Rei Saache reagéiert: Mir hunn en Helpdesk installéiert. Mir hunn eng Rei Staatshëlfe, mir hunn eng Rei Hëlfe en place gesat. Mir hunn och iwwert de Solidaritéitspak eng Rei Garantien en place gesat fir Betriber op Präten an awer och eng Rei Aidé fir d'Energiekäschten, déi an d'Luucht gaange sinn, déi deemnächst och hei bei Iech an d'Chamber wäerte kommen an déi alleguerter reagéieren op déi Situatioun, déi duerch dee Krich do entstanen ass.

Ech mengen, dat ass e bëssen „in a nutshell“ dat, wat um wirtschaftleche Plang aus deem Krich natierlech erauskennt. Alles dat ass schonn am Kader vun der Tripartite diskutéiert ginn. De Solidaritéitspak mat all deenen Hëlfe fir d'Entreprises ass eng Reaktioun do drop, déi nach ëmmer valabel ass, mee wou mer natierlech musse reegelméisseg kucken, ob se nach ëmmer proportionéiert ass an ob een net och do muss nobesseren, änlech wéi mer dat och ëmmer erëm während der Pandemie gemaach hunn.

Deen zweete Punkt, Här President, dat ass dee vun der Hongersnout. Ech mengen, de Gusty Graas huet et gesot: Nieft all deene Verbrieche, déi d'Russen an hirem Krich géint d'Ukrain un der Zivilbevölkerung beginn, un all deene Leit, déi esou leiden ënnert deem schreckleche Krich, gëtt et e weidert Verbrieche, an dat ass dat Verbrieche, dat um globale Süden insbesonnesch begaange gëtt. Duerch déi Blockade vun deenen zum Beispill 25.000 Tonne Weess, déi net aus der Ukrain erauskommen an déi haaptsächlech am globale Süden natierlech ganz dréngend gebraucht ginn, gëtt déi Welthongerkrise nach eng Kéier ëm munches méi schlëmm gemaach.

Et sinn eng Rei Orateuren, déi dorobber agaange sinn – de Gusty Graas, d'Stéphanie Empain, och den Yves Cruchten –, déi gefrot hunn, wéi dat sech repercutéiert op eng Hongerkrise, déi souwiesou schonn extreem schlëmm war, insbesonnesch an Afrika. Abée, 2020 hate mer 811 Milliounen Leit, déi ënnert dem Hunger an och der Gefor vun enger akuter Hongerkrise gelidden hunn, an dat Ganzt ass natierlech ënnert dem Effet vun der Pandemie an och elo nach eng Kéier dem Krich an der Ukrain ëm munches méi schlëmm ginn.

Mir gesinn, dass 60 % vun deenen am mannsten entwéckelte Länner, den LDCs, bedrot si vun enger

Verscholdungskris, och nach eng Kéier, well se musse nach méi Geld ausginn, fir u Bien-alimentairen ze kommen. D'Situatioun am Sahel ass besonnesch dramatesch, well an deene Länner, déi och eis Partnerlänner sinn – dem Burkina Faso, dem Mali an dem Niger –, d'Präisser fir Cereallen, fir Weess ëm 50 % an d'Luucht gaange sinn, och nach eng Kéier ënnert dem Effet vun deem Krich.

Mir hunn do elo scho 27,3 Milliounen Leit, déi en dréngende Besoin hu fir alimentaire Hëlfe am Sahel, an dat kann nach eng Kéier ganz vill schlëmm ginn. Dat kann eropgoe bis zu 38 Milliounen Leit, wann déi Kris sech elo am Juli an am August nach eng Kéier verschlimmert, well derbäi kënn natierlech d'Dréchent, d'Klimakris, déi déi ganz Situatioun nach eng Kéier ëm viles méi schlëmm mécht. An alles dat ass natierlech e ganz explosive Mix vun Insecutéit, vu Klimakris, vun Agrarland, dat net méi do ass. An derbäi kommen natierlech déi Livraisonsen aus der Ukrain an aus Russland, déi elo ausbleiwen an déi, wéi gesot, déi Hongerkrise nach eng Kéier ëm esou viles méi schlëmm maachen. Do sinn ëmmer erëm och Rappel vu World Food Programme, déi wierklech och op déi Situatioun opmierksam maachen.

Wat kënnen mer do ënnerrhuelen? Abée, international ass dat natierlech en Effort vu Koordination vun där internationaler Äntwert weltwäit. Mir wäerten och iwwermuer am Conseil des ministres vun de Kooperationsministere zu Bréissel doriwwer schwätzen, wat fir eng Äntwert mer als Europäer dorobber fannen. Dir wësst, dass d'Europäer en Haaptacteur sinn an der weltwäiter Sécurité alimentaire an nutritionnelle mat engem Budget vun 2,5 Milliarden Euro iwwert d'Zäitspan 2020 bis 2024.

Am leschte Conseil européen ass och d'Initiativ „Food and Agriculture Resilience Mission“ geholl ginn, déi och soll dorobber reagéieren. Mee och zu Lëtzebuerg maache mer natierlech ganz vill am Kampf géint déi Insécurité alimentaire, souwuel an der Aide humanitaire wéi och an eisem Developpementseffort, fir de Länner ze hëlfe, déi eng effikass Agrikultur ze kréien, déi resilient ze sinn an och besser a méi laangfristeg op d'Grënn vun där Hongersnout do kënnen ze reagéieren.

Dat ass en Effort, deen net einfach ass, deen och ëmmer méi komplex gëtt wéinst deene Phenomene, op déi ech agaange sinn: Klimakris, Dréchent, Hongersnout, Insecutéit. Mee mir schaffen do mat eise Partnerlänner, och mat eise multilaterale Partner, fir dorobber ze reagéieren. An ech mengen, dass mer eis, mee awer haaptsächlech och eise Partnerlänner dat schëlleg sinn. Och do gesi mer, dass alles liiert ass an dass e Krich an Europa, an der Ukrain och do déi Situatioun nach eng Kéier verschlimmert.

Voilà. Merci fir deen Debat hei. A wéi gesot och merci fir dee Support, fir alles, wat mer maachen als Reaktioun op dee Krich.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

**Motions**

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert déi dräi Motiounen, déi am Kader vun där Debatt depouéiert goufen.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1 vun der ADR, an där gefrot gëtt, fir eng objektiv Opklärung vun de Krichsverbrieche anzetrieden. Wie wëllt nach d'Wuert zu

dëser Motioun ergräifen? Den Här Asselborn, wann ech gelift.

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** | Wat fir eng ass dat elo, Här President?

**M. Fernand Etgen, Président** | D'Nummer 1.

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** | A nee, déi kënnen mer net unhuelen.

(*Hilarité*)

Do ass et nämlech esou, Här President, dass mer do an – wéi nennt een dat? – de Consideranten eigentlech déi bedeelegt Krichsparteien net akzeptéieren kënnen. Et ass Russland, dat de Krich declenchéiert huet, an et si keng bedeelegt Krichsparteien. Dat geet net! Mir kënnen dat net unhuelen.

Ech wëll och just soen heibäi, dass d'Regierung och weess, wat do ze maachen ass, fir der CPI ze hëlfe.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Asselborn. Den Här Kartheiser, den Auteur, freet nach d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Also ech wunnere mech jo heiansdo iwwert d'Aussoe vun der Regierung. An ech hat eigentlech gehofft, dass ech elo haut net méi misst d'Wuert huelen, fir op déi eng oder aner Saach anzegoen.

(*Brouhaha*)

Mee ech gesinn duerch d'Interventiounen, dass awer vun Är Sait aus de Besoin bestanen huet, an da wëll ech Iech och net enttäuschen.

Also ech muss emol feststellen, et ass schonn, ... Ech mengen, d'Leit dobaussen hunn elo net d'Geleeënheet, deen Text hei ze gesinn, dofir wëll ech kuerz hei resuméieren, ëm wat et geet. Et geet drëm, dass déi Krichsverbrieche, déi an der Ukrain geschéien, sollen opgekläert ginn an deenen dofir kompetenten internationalen Organisatiounen – dat sinn u sech d'UNO an d'OSZE, déi Organer hunn, déi dat kënnen am beschte maachen – an dass mir och sollen hëlfe, dozou bäidroen an esou weider. U sech ass et eng Saach, déi där grausamer Realitéit an der Ukrain, dass do Krichsverbrieche geschéien, soll entgéintwierken.

Voilà. Elo ass dee Saz hei – dee liesen ech da vir –, deen den Här Asselborn steiert: „D'Chamber [...] ass sech bewusst, dass [...] eng vun alle Säiten unerkannten Opklärung vun esou Verbrieche wa méiglech duerch déi dofir zoustänneg an neutral internationalen Organisatiounen wéi z. B. d'UNO an d'OSZE oder spezialiséiert Institutionen soll geschéien, mat Bedeelegung vun alle concernéierte Krichsparteien, an dass déi verantwortlech Persounen zur Rechenschaft solle gezu ginn.“

Dat ass jo dat Elementaarst, well wann ee gär eng Opklärung hätt, musse jo all déi Concernéiert kënnen do matwierken, fir Leit zur Verfügung ze stellen, fir Zeienaussoen, fir kënnen Recherchen ze maachen. Dat ass jo dat Grondelementaarst, fir kënnen ze erméiglechen, dass jiddereen, deen do bedeelegt ass, an iergendenger Form muss mathëllefen, fir Krichsverbrieche opzklären. A „Krichsparteien“ ass am Droit international en allgemengen Term, fir all déi Staaten oder Entitéiten ze bezeechnen, déi an iergendenger Form um Konflikt bedeelegt sinn.

Et ass u sech hei eise Minister, dee bei engem komplett neutral formuléierten Text – also méi neutral geet et net –, fir géint Krichsverbrieche virzegoen, Nee seet. Dat ass fir eis schwéier nozevollzéien.

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!





**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. An da kritt den Här Wiseler d'Wuert.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Jo, merci, Här President. Ech wollt am Fong och näischt méi soen. Mee ech soen Iech awer elo, wat mech heirunner stéiert: Hei stéiert mech déi Hypokrisie, déi hannendrun ass an deem Text. Dir schreift hei en Text, fir esou ze maachen, ... Dir sidd all déi Gutt an déi Onschëlleg an dat ass alles schéin a jiddweree misst dat do kënne verstoen.

Just, wann ech Ären Text liesen, weess ech jo och, datt d'Krichsverbrieche an engem Krich iwwerall geschéien. Mee hei hu mer awer mat engem Krich ze dinn, an deem op där enger Säit Krichsverbrieche als eng Krichstaktik benotzt ginn, systematesch duerchgesat, all Dag, fir a sech eng Bevëlkerung ze brieche! Dofir gëtt Krich benotzt, vun engem Staat benotzt als Staatsterrorismus. An Dir setzt alles op dee selwechten Niveau. A genau dat ass dat, wat mech an Ärem Discours konstant andauernd stéiert! Dat ass dat Éischt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | An dat selwecht ass déi Geschicht vun der Wourecht. Am Krich gëtt jo net ëmmer d'Wourecht gesot. Jo, et gëtt net ëmmer d'Wourecht gesot, dat ass absolut evident. Mee et ass awer nach en Ënnerscheed tëschent deem engen an deem aneren. An deem enge lauschtere mer an e puer Deeg no an ech si frou, datt mer deem nolauschteren. Mee deem anere lauschtere mer net no!

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | An dat ass den Ënnerscheed. Dat ass déi Hypokrisie an dofir stëmme mer hei dergéint!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Wiseler. Da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Ech ka mech als Éischt emol dem Här Wiseler uschlëssen. An dann dat Zweet: Dat Eenzezt, wat mer u sech hei misste maachen, wär eng Motioun ze stëmmen, an där mer dem Wladimir Putin en Ticket fir op Den Haag offréieren. Well ech mengen, et ass do, wou en higehéiert. Dat ass dat Éischt.

A wann ech da liesen haut, datt d'Duma muer soll dorüwer beroden, fir d'Doudesstrof erëm anzeféieren, fir déi dann ze applizéieren op Krichsgefaangenen aus der Ukrain, dann, mengen ech, musse mer eis guer net iwwerleeën, wien hei schold ass, wien hei Krichsverbrieche begeet oder se grad plangt, well se verstoppene et net emol méi. Se maachen et wierklech an der Effentlechkeet, ënnert de Spotte vun der Weltëffentlechkeet, a se schomme sech net derfir. A genau dofir ass dat heiten eng puer Hypokrisie!

Mir sollten d'Krichsverbrieche vu Russland esou séier, wéi et geet, opklären, denoncéieren an dann déi responsabel Persoun – well de Fësch sténkt vum Kapp – ganz séier op Den Haag schécken, fir datt se do kann e rechtsstaatlecht Verfaere kréien, well dat ass dat, wat mer musse maachen! Als Weste musse mer och beweisen, datt mer eis un eisen eegene Prinzippe moosse loossen.

Mir stëmmen dergéint.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement.

An ech mengen da kënne mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 1 kommen.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass mat 4 Jo-Stëmmen, 53 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 4 voix pour, 54 voix contre et 2 abstentions.*

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Félix Eischen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusti Graas), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

**Motion 2**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Wie wëllt nach dozou ...

*(Interruption)*

Mir müssen dat korrigéieren. Da kéime mer zur Motioun Nummer 2.

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** | Jo. Här President?

**M. Fernand Etgen, Président** | Den Här Ausseminister Jean Asselborn.

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** | Jo, do ass et esou, dass déi Motioun do superfetatoire ass. An ech soen Iech och firwat – de Premier huet dat elo grad gesot –: Mir hunn als Lëtzebuerger Regierung de Moment schonn 155 Milliounen fir d'Ukrain deblockéiert. Dat sinn all déi Hëllef, déi hei opgezielt sinn. Mir maachen dat, mir brauchen do keng Motioun vum Här Kartheiser, fir dat hinzekréien.

**M. Fernand Etgen, Président** | Da freet d'Madamm Oberweis d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Merci, Här President. Also eis stéiert e weéne déi utilitaristesche Approche hei ënnendrénnen. Et geet rieds vum lëtzebuergeschen Interessi. An dat stéiert eis wierklech immens staark an dofir géife mer dat net matdroen, well déi utilitaristesche Approche vun der ADR gesäit een och an anere Motiounen. Dat kënnt ëmmer erëm. An ech mengen net, dass dat iwwerhaupt soll hei mat eraflëssen. An dofir géife mir dat net matdroen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis. Ech mengen, da kënne mer zum Vott vun der Motioun Nummer 2 kommen. D'Ofstëmme fänkt ...

*(Interruption)*

Den Auteur wëll och nach kuerz Stellung huelen zu dëser Motioun.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Ech wollt soen ... also mir si jo elo amgaangen, hei an den Automatismus iwwerzegoen, datt alles, wat vun der ADR kënnt, refuséiert gëtt. Ech wollt just soen: Dat ass och an dësem Fall ganz schued. Well hei steet zum Beispill eppes dran, wat den Här Cruchten a senger Interventioun ugeschwat hat, dat ass den Export vu Liewensmëttel aus der Ukrain, dee jo am Abléck net funktionéiert, well eeben de Wee iwwert d'Mier blockéiert ass, woubäi mer dann och extra soen – an dat ass eeben nach net de Fall –, datt den Export vun Agrarprodukter aus der Ukrain iwwert d'EU soll ënnerstëtzt ginn. Dat ass dach net de Fall. An et ass esou wichteg!

Well wéi vill Riedner – ech mengen, mir alleguer – hunn op déi Hongersnout ugespillt, déi awer eventuell kënnt? Den Här Minister Fayot huet dat och elo nach gemaach. A fir dann deen Automatismus hei ze huelen: „Et ass vun der ADR, mir refuséieren et“, wa mer awer Saache soen, vun deene mer wëssen, wéi wichteg se sinn, kann een dat dach nëmme bedauren! Et ass wierklech schued, datt mer esou funktionéieren hei. Ech mengen, e bësse méi eng konstruktiv Approche wär heiansdo och vläicht gutt!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. Da kënne mer elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun Nummer 2 kommen.

**Vote sur la motion 2**

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 2 ass mat 4 Jo-Stëmme bei 54 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Laurent Mosar), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusti Graas), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

**Motion 3**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3. Dat ass u sech déi, an där gefrot gëtt, fir Studentebourse fir ukrainesch Staatsbürger anzerichten. Wie wëll nach dozou d'Wuert ergräifen? Den Här Asselborn.

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** | Jo, hei sinn ech elo ganz

konstruktiv. Déi Motioun do, Här Kartheiser, mussen mer an der europäescher Perspektiv gesinn. Mir kënnen net als eenzelt Land do fir d'Studenten Initiativen huelen. Ech huelen dat heite mat op Bréssel an ech sinn iwwerzeegt, dass just vun ukrainesche Studente rieds geet an net vun deenen, déi net ukrainesch sinn. Well mir wëssen, et sinn och ganz vill Studenten hei, 50 bis 60, déi Netukrainer sinn an déi wierklech Krämpes hunn, iergendwéi Perspektiven ze hunn an déi warscheinlech zréck an hir Länner geschéckt ginn, an deene se iwwerhaupt näischt méi hunn. Also dat ass e gréissere Problem. Dofir droe mir dat heiten net mat.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Asselborn. Dann d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Ech verstinn net, firwat een net als Land kéint eppes maache fir Studenten. Ech weess elo net, firwat dat EU-genormt ass. Mee bon. Wat eis méi stéiert, ass, dass just vun ukrainesche Studente rieds geet an net vun deenen, déi net ukrainesch sinn. Well mir wëssen, et sinn och ganz vill Studenten hei, 50 bis 60, déi Netukrainer sinn an déi wierklech Krämpes hunn, iergendwéi Perspektiven ze hunn an déi warscheinlech zréck an hir Länner geschéckt ginn, an deene se iwwerhaupt näischt méi hunn. Also dat ass e gréissere Problem. Dofir droe mir dat heiten net mat.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Da fannen ech nach en anert Hoer an der Zopp. Éischtens emol: Firwat limitéiere mer eis op zéng Joer? Ech verstinn et net. Et ass d'Hoffnung, dass de Krich natierlech séier eriwwe ass. Mee souguer een, deen elo e Studium ufänkt, huet keng Garantie, dass en an zéng Joer fäerdeg ass. Schécke mer en dann erëm heem a soen him: „Et war Pech, domm gaang, du kriss keen Diplom hei zu Lëtzebuerg“? Dat ass dat Éischt.

An dat Zweet ass, ech hunn et virdru gesot, zum Militärdéngscht: Et gëtt keng Pflicht zum Widerstand, et gëtt och e Mänscherecht, ze flüchten. An dat heiten ass verstoppt gesot: Nëmme déi, déi sech net dem Wehrdéngscht entzunn hunn an der Ukrain, däreifen dovunner profitéieren. An aleng dowéinst kënne mir dat heiten net matdroen!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement. An da ginn ech d'Wuert zréck un den Auteur. Nee, fir d'Éischt nach den Här Wiseler.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Jo, also ech deelen déi Problemer, déi hei evoquéiert ginn. Hei ass eng Studentebourse, déi just op Staatsbierger vun der Ukrain limitéiert ass. A genau dat ass jo eng vun deene grouse Froen, déi notament an der EU diskutéiert ginn: ob Leit, déi aus der Ukrain kommen, ouni onbedéngt ukrainesch Staatsbierger ze sinn, net missten déi selwecht Droiten hunn. Dofir ass an deem Kontext och dës Motioun fir eis net akzeptabel.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Wiseler. An da ginn ech d'Wuert zréck un den Auteur.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Also ech genéissen heiansdo, dass mer och Iech éierlech soen, déi Debatten an der Chamber, well ech d'Gefill hunn, dauernd bäizeléieren. Vun haut léieren ech och bäi. Zum Beispill ... Ech soen Iech och ganz kloer, firwat.

Mir haten hei eng Debatt iwwert d'Ukrain. An d'ADR huet hei als eenzeg Partei fënnef Motioune op den Dësch geluecht mat konkrete Propositionen, wéi mer der Ukrain kënnen hëllefen; déi eenzeg Partei, déi konkret Propositionen op den Dësch leet, wéi mer der Ukrain kënnen hëllefen. Dorënner ass och déi Proposition, dass mir als Lëtzebuerg déi nächst zéng Joer ... well mir jo hoffen, dass de Krich

iergendwann eriwwe ass. Déi Leit, déi an zéng Joer mam Studium net fäerdeg sinn, schécke mer bei d'Piraten. Mee datt mer iwwert déi nächst zéng Joer, ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Do ass et besser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... iwwert déi nächst zéng Joer kënnen den Ukrainer hëllefen, well vläicht Universitéite futti sinn oder well se d'Mëttelen net hunn, fir an hirem Land ze hëllefen, fir ze soen: „Ma da kënnt Der op Staatskäschten zu Lëtzebuerg studéieren“ ... Da fannen hei Parteien Hoer an der Zopp, fir dat net matzestëmme, a mer mussen domadder op Bréssel goen.

Mee mir hunn dach e Staatsbudget! Mir sinn nach net esou wäit, Här Asselborn, wéi Dir Iech et vläicht virstellt, dass mer ee Budget an Europa hunn. Mir hunn en nationale Budget mat engem nationalen Educationsartikel. A mir kënne soen: Mir huelen do 10 oder 50 ukrainesch Studente mat drop a mir hunn eppes gemaach fir déi Leit – konkret Hëllef!

An dëst Parlament seet dann Nee. Also konstruktiv ... Wësst Der, mir kënnen dat hei elo och nach fir déi nächst zwou Motioune weidermaachen. Mee kommt mer ni méi, kommt mer net – an och déi Diskussioun haut huet dat bewisen –, sot net wéi den Här Fayot: „De Kremlverstoer, deen distanzéiert sech.“ Mee well mir hei Propositionen fir d'Ukrainer maachen, déi ënnert dem Krich leiden, ass et Är Partei, Här Fayot, déi hei mat dergéint stëmmt. Also kommt mer net mat esou Saachen. Verschount mech mat esou Virwërf. Et ass dach lächerlech!

*(Interruption par la présidence)*

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. Den Här Wiseler.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Also, ech wëll awer och dozou soen: Sech hei dohinnerzestellen als déi eenzeg Partei, déi Motioune géif maachen, fir der Ukrain ze hëllefen ... Ech wëll Iech just drun erënneren, dass mir virun dräi Wochen eng Motioun proposéiert hunn, wou zwou Säite Propositionen dra waren, wéi mer der Ukrain wierklech mat hiren aktuelle Problemer kéinten hëllefen. An deen, deen dauernd dergéint geschwat huet, waart just Dir. Just Dir!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech mengen, mir kënnen elo zum Vott vun der Motioun Nummer 3 kommen.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Nee, ech wollt nach dorop reagéieren. Ech wollt ...

*(Brouhaha)*

**Vote sur la motion 3**

**M. Fernand Etgen, Président** | D'Ofstëmme fänkt un.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | O, boff, jo ...

**M. Fernand Etgen, Président** | De Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass mat 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par*

*M. Laurent Mosar), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## 7. Motion de M. Fernand Kartheiser concernant le fonds pour la reconstruction de l'Ukraine

*(Motion déposée en séance publique n° 46 du 31 mars 2022 – à consulter au compte rendu n° 15/2021-2022 en page 53)*

Mir kommen elo zur Motioun vum Här Fernand Kartheiser iwwer e Fong fir d'Rekonstruktioun vun der Ukrain. An ech géif direkt dem Auteur vun der Motioun d'Wuert ginn.

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Wat ass fir eng ... ?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), auteur | Jo, dat stoung um Ordre du jour, Här Minister Asselborn.

**Exposé**

Merci, Här President, dass Der mer d'Wuert gitt. Jo, dat heiten ass erëm esou eng Saach, do wäerte mer da virgeworf kréien, Kreml-verstoer ze sinn. Mir hu proposéiert, dass Lëtzebuerg a sengem nächste Staatsbudget e Fong, en nationale Fong – o, och dat nach! – opleet vun 100 Milliounen Euro, fir beim Neesopbau vun der Ukrain och op nationalem Niveau kënnen ze hëllefen.

Mir wëssen, dass och op europäeschem Niveau esou Initiative geholl sinn. Mir begrëssen dat ausdrécklech. Mee mir denken, dass mer och op nationalem Niveau sollte contribuieren, fir den Neesopbau vun der Ukrain ze erméiglechen.

Ech wëll och direkt op eppes agoen, Här Minister, wat Dir virdru gesot hutt. Dass ass ganz wichteg: den Deminage. Et gëtt Géigenden ... net iwwerall an der Ukrain, well den Deminage muss manuell gemaach ginn oder ... bon, et kann een et och iwwer Bomme maachen, mee dat ass méi rar. Mee op deene meeschte Plaze gëtt dat manuell gemaach an dat ass och ganz wichteg.

An ech wëll Iech direkt soen: Wann Dir elo proposéiert, dass mer och solle bilateral hëllef beim Deminage – mir hunn e gewëssenen Knowhow, et gëtt international Programmer, déi kënne mat finanzéieren –, si mir direkt d'accord. Direkt! Well dat ass effektiv ganz wichteg. Mir sinn och Member vun de Konventionen géint Landminen an hei an do, e ganz wichtege Volet.

Mee ech mengen, dass mer doriwwer eraus sollten eist Wëssen, eist Handwierk, eis Industrie an eis finanziell Mëttelen engagieren, fir e Land nees hëllefen opzebauen, dat vun engem Krich ravagéiert gouf, ouni, wéi gesot, selwer Ugräifer ze sinn.



Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An ech ginn direkt dem Här Minister Jean Asselborn d'Wuert.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Majo, ech gesinn dat e weéne anescht wéi den Här Kartheiser. Also, fir d'alleréisch: Gëschter am Conseil, Här Kartheiser, ass en Opruff gemaach ginn, dass all Land soll participéieren un deem Fonds fir den Deminage. Well mir hunn e puermol festgestallt: Et gëtt keng Rekonstruktioun ouni Deminage! An all Land soll do säin Effort maachen. Selbstverständlech maache mir dat och.

Dat Zweet, dat ass den Erëmpobau. Gëschter ass kloer gesot ginn am CAE, also am Conseil vun den Ausseministernen, dass net, wéi et elo schonn amgaange war, verschidde Länner solle soen: „Mir bauen déi Stad op an der Ukrain“ – „A mir bauen déi Stad op.“ Och dat soll alles schéi concertéiert ginn. Duerfir géif ech Iech bidden, Här Kartheiser, ... Är Motioun si gutt, wat de Fong ugeet, mee fir d'Ëmsetzung musse mer awer kucken – mir sinn an Europa, ob Dir dat wëllt oder net –, dass mer dat mat Europa fäerdegbréngen, mat der Europäescher Unioun fäerdegbréngen, mat der Kommissioun fäerdegbréngen. An dat ass dat, wat d'Regierung wëll maachen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Asselborn. Dann d'Madamm Nathalie Oberweis.

#### Discussion générale

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, ganz änlech wéi virun hu mer hei deen utilitaristesche Gedanken hannendrun, dee fir eis einfach net geet: ze soen, dass et musse Lëtzeburger Industrieverbänn sinn, déi dat solle maachen, an Acteure vun der Finanzplaz. Also dat ass fir eis en No-Go, dat esou ze konditionéieren un eis eegen Interessien. A mir menge souwisou, dass mer elo mussen eis Efforten op Friddensverhandlungen an e Waffestëllstand leeën an net onbedéngt heirobber.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An da wier et um Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, merci, Här President. Et ass schonn e bësse witzeg, et gëtt esou dee Bon mot, dee seet: „Qui s'excuse s'accuse.“ An den Här Kartheiser, ... dat Éischt, wat e gesot huet, ass: „Dir wäert mech elo als Kreml-Verstoer heihinnerstellen.“ Ma anescht kann ech et net verstoen, well op där enger Säit hutt Der am Ufank vun der Kris de Kreml verteidegt, datt en alles futti bommt. An elo wëllt Der, datt dann d'lëtzebuergesch Economie dovunner profitéiert.

(Interruption)

Dat fannen ech jo schéin a gutt, wann d'lëtzebuergesch Economie soll dovunner profitéieren, mee kommt, mir maachen dat solidaresch an der EU. Kommt, mir investéieren déi Suen an e gemeinsame Fong, wéi dat och vum Minister hei proposéiert gouf. An ech mengen, datt dann eis Sue besser ukommen, wéi wann elo all Land do probéiert, säin eegene Sandkär iergendwou hinezpuchen, well herno steet awer keng Sandbuerg.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier zréck un den Auteur.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), auteur | Jo, ech schwätzen elo als Fait personnel, Här President, well ech mengen, datt et awer Limitten och an der Deontologie gëtt vun deem, wat een heibanne ka soen. Wann den Här Clement seet, ech hätt hei verdeedegt, datt de Kreml alles futti mécht! Dat seet en, nodeem d'ADR hei eng Ried gehalen huet, datt mer sollen a Richtung Fridden a Verhandlung goen. Dat ass de Contenu gewiescht!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Lauschttert Är Riede vun der leschter Kéier, da kritt Der et genau mat, datt Der dat gesot hutt!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), auteur | Also ech géif Iech proposéieren, Dir Häre Clement a Goergen, ech géif Iech wierklech proposéieren, vu datt Der esou, wéi Der dat haut gesot hutt an esou weider, morallesch zolidd sidd a mat der Wourecht esou gär spillt an déi héich Prinzippien héichhaalt, déi och emol op Iech ze applizéieren. Ech mengen, dat géif wierklech der Qualitéit vun eisen Debatten an dësem héijen Haus absolutt guttdinn! Ech op jidde Fall soen Iech, datt ech fir eis Partei net akzeptéieren an och net fir mech perséinlech, datt hei gesot gëtt, ech hätt gerechtfertegt, datt do d'Ukrain futti gebommt gëtt.

De Contraire hu mer haut probéiert ze maachen, nämlech op e Wee ze goen, deen eis a Richtung Fridde bréngt an a Richtung Verhandlungen!

(Interruption)

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Ech mengen, da kënnen mer och elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

#### Vote sur la motion

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Laurent Mosar), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Da géif ech d'Wuert un den Här Yves Cruchten gi fir den Depot vun enger Motioun.

(Brouhaha et interruptions)

**Plusieurs voix** | Mir hunn nach eng.

**M. Fernand Etgen**, Président | Dann huele mer déi nach fir d'Éischt.

### 8. Motion de M. Fernand Kartheiser concernant l'ouverture d'une Ambassade du Luxembourg à Kiev

(Motion déposée en séance publique n° 46 du 31 mars 2022 – à consulter au compte rendu n° 15/2021-2022 en page 53)

De Punkt 8 vum Ordre du jour: d'Motioun vum Här Fernand Kartheiser iwwert d'Ouverture vun enger Ambassade zu Kiev. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

#### Exposé

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), auteur | Jo, Här President, villmools merci. Ech si scho gespaant op d'Argumentatioun, déi hei wäert virbruecht ginn. Déi Kéier hu mer dat Verbriche gemaach als ADR, datt mer proposéieren – well mer nach keng Ambassade zu Kiev hunn – an datt mer gär hätten, datt mer déi bilatérale Relatiounen ënnersträchen. D'Bedeutung vun de bilatérale Relatiounen an d'Staatlechkeet vun der Ukrain, dat ass jo och d'Wiese vun diplomatesche Relatiounen a residenten Ambassaden, fir dat daitlech ze ënnersträchen.

Déi Kéier proposéiert d'ADR also, datt mer sollte fir d'Verstärkung vun de bilatérale Relatiounen eng resident Ambassade zu Kiev opmaachen, wou mer nach keng hunn. Ech weess elo net, wat mer elo nach hei reprochéiert kréien, fir dat elo ze proposéieren: Et wär vläicht utilitaristesches, et wär vläicht ... Ech weess et net, mee mir si gespaant a mir hoffen awer nach ëmmer, datt vläicht och aner Partiee mengen, dat wär eng gutt Iddi, fir eis Solidaritéit mat der Ukrain ze weisen, fir och eng resident Ambassade op der Plaz ze hunn.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert un den Här Asselborn.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Also ...

(Interruptions)

Lauschttert, et sinn nëmmen Diplomaten, déi Ambassadeur ginn. Also ech wollt just soen, dass mer e ganz gudden Ambassadeur an och e ganz gudde Vizeambassadeur – oder wéi seet een dat?, also en zweete Mann – hunn zu Prag, déi eng formidabel Aarbecht gemaach hunn an déi zäitweis iwwerlaascht waren zu Prag, fir alleguerten déi Lëtzeburger erauszekréien, déi sech während där Kris do opgehalen hunn, déi haut nach souguer hëllef, wann ee muss onbedéngt an d'Ukrain goen, dass een och selbstverständlech erëm de Wee eraus fënn.

An duerfir géif ech mengen: Och hei, Här President, ass dat e Virdeel an esou enger Krisenzäit, dass mer d'Ambassade net an deem Land hunn, wou d'Kris ass, well mir hu se ni brauchen zouzemaachen. Aner Länner hunn hir Ambassade missen zoumaachen zu Kiev. An ech gesinn net, dass mer domat sollen iwwerlaascht sinn zu Prag, wéi mer dat maachen op ville Plazen. Dat weess den Här Kartheiser, well e war jo schonn eemol Member vun deem Klub. An e weess, dass mer als Lëtzeburger Land effektiv, mengen ech, an 140 Länner vun der Welt net present si mat enger Ambassade, wou den Ambassadeur och wunnt a schafft.

Also ech mengen, et ass ganz gutt, wéi et elo ass. Loosse mer et esou lafen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Asselborn. Den Här Claude Wiseler.

### Discussion générale

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Jo, mir sinn der Mee-  
nung, datt eng Ambassade sécherlech an Zukunft  
eng Kéier eng Plaz zu Kiew huet an et och gutt ass,  
wa Lëtzebuerg do vertrauen ass. Ech mengen awer  
just net, datt et haut de Moment ass, fir doriwwer of-  
zestëmmen. Haut ass de Moment, wou mer amgaang  
si mëtten an engem Krich zwëschen Russland an der  
Ukrain. An haut ass et nu wierklech net de Moment,  
fir iwwert déi Ouverture ze schwätzen. Wann do dee  
Krich bis eng Kéier eriwuer ass, wann déi Relatiounen  
sech reetabliert hunn, da setze mer déi Diskussioun  
hei erëm op den Ordre du jour, Här Ausseminister.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Wiseler.  
Ech mengen, da kéinte mer zum Vott iwwert dës  
Motioun kommen.

### Vote sur la motion

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par  
procuracion. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-  
Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred  
Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse  
Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon  
Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen,  
MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo,  
Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane  
Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Max  
Hengel), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges  
Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone  
Beissel (par M. André Bauler), MM. Frank Colabianchi,  
Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole  
Hartmann (par M. Gusty Graas), MM. Pim Knaff, Claude  
Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana,  
Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten,  
Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan  
Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna  
Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc  
Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et  
Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## 9. Question élargie n° 138 de M. Laurent Mosar sur l'extradition de ressortissants luxembourgeois aux autorités de pays tiers

Mir kommen dann elo zur erweiderter Fro Nummer 138  
vum Här Laurent Mosar iwwert d'Ausliwwerung  
vu Lëtzebuurger Staatsbierger un Drëttlänner. Den  
Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng  
Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng  
Zousazfro ze stellen. An der Regierung stinn zéng Mi-  
nutten zou. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Merci, Här President. No  
där ganz animierter Diskussioun hoffen ech, datt  
mer dann elo e bësselchen a méi roueg Gewässer  
kommen. Ech wollt de Mëtten eng Question élargie  
stellen zu engem Sujet, deem net onwichtig ass. Et  
geet nämlech hei ëm d'Ausliwwerung vu lëtzebu-  
ergesche Staatsbierger un Drëttlänner. Ech wëll och

direkt soen, ech wäert Iech elo ganz kuerz hei iwwer  
e konkreete Fall schwätzen. Et geet mer awer net  
drëm, dee konkreete Fall an déi Affär hei am Detail ze  
beliichten, mee et geet mer eigentlech drëm, fir um  
Beispill vun där Persoun do ze weisen, a wat fir enger  
komplizierter Situatioun mer sinn.

Ech wëll och direkt soen, wann ech elo den Numm  
vum Här Schneider hei benotzen, kéint dat muer  
gradesou gutt d'Madamm Müller oder den Här  
Schmit sinn. Et geet also hei, wéi gesot, am Fong elo  
net ëm d'Persoun vum Här Schneider, mee et geet ëm  
déi Problematik vum Här Schneider.

Ganz kuerz vläicht awer och fir d'Kolleginnen an  
d'Kollegen, déi an deem Dossier net esou doheim  
si wéi ech selwer ..., well ech hu mech ganz vill an de  
leschte Woche mat deem Dossier beschäftegt, deem  
och en Dossier ass – wëll ech och hei ganz kloer soen,  
Madamm an Här Minister –, dee mech perséinlech  
ganz staark beréiert, an net nëmmen als Politiker  
beréiert, mee dee mech och als Mënsch an och als  
europäesche Bierger beréiert. An ech wäert Iech och  
erklären, firwat.

Et geet also hei ëm eng Persoun, den Här Schneider,  
fréiere Fonctionnaire, dee laang och fir de lëtzebu-  
ergesche Staat geschafft huet, deem, wéi vill Lëtzebu-  
erger, a Frankräich hei vir am Grenzraum wunnt, deem  
d'lëtzebuergesch Nationalitéit huet, deem och Kan-  
ner huet, déi hei an d'Schoul ginn, deem och an der  
Haaptstad e Büro huet, wou e schafft. Deem Här  
Schneider gëtt elo vun der amerikanescher Justiz  
virgehait, en hätt iergendwéi am Kontext vun enger  
Gesellschaft, déi OneCoin heescht, gewëssen Opera-  
tiounen gemaach, déi kéinte géint d'amerikanesch Ge-  
setzgebung verstoussen.

Ech wëll awer direkt och nach betounen: Géint deem  
Här läit iwwerhaupt näischt hei zu Lëtzebuerg vir. Et  
läit och guer näischt a Frankräich vir. Deem huet iwwer-  
gens och hei zu Lëtzebuerg e Casier judiciaire vierge.

Dee Mann, deem eigentlech net richteg weess, wat  
em do reprochéiert gëtt, gëtt dann – an dat muss  
Der Iech emol virstellen – eng Kéier moies kuerz  
virun aacht Auer, kuerz virum Rond-point Raemerech,  
wou de Mann wollt säi Fils op Lëtzebuerg an d'Schoul  
féieren ... 20 Polizisteweene, déi deem do unhalen,  
déi de Mann ënner Waffenundroung aus dem Auto  
zéien, säi kleng Bouf, deem hannendra setzt, och  
ënner Waffenundroung aus dem Auto huelen. Dee  
Mann gëtt dorobberhin direkt op Nanzeg gefouert  
an d'Instructioun. Entre-temps ass en awer mat enger  
Foussfessel erëm fräi.

Ech muss Iech soen: Wann een dat esou matkritt, ass  
dat eppes, wat een extreem schockéiert. An nach eng  
Kéier: Et geet guer net elo hei drëm fir ze kommen-  
téieren, wat den Här Schneider gemaach oder den  
Här Schneider net gemaach huet.

An ech wëll dann och elo op déi juristesche Analys  
kommen, déi, ech weess, net ganz einfach ass. Do  
muss Der fir d'alleréischte wëssen, léif Kolleginnen  
a Kollegen, datt mir en Ausliwwerungsgesetz hu vun  
2001, dat eis verbitt – ech soen: Lëtzebuerg verbitt –,  
iergendee vu senger Staatsbierger auszeliwweren.  
Esou e Gesetz gëtt et an allen europäesche Staaten  
an, ech mengen, an deene meeschte Staate vun der  
Welt. Dat heescht, mir dierfe kee Staatsbierger aus-  
liwweren, egal, wat dee Staatsbierger eventuell an  
engem Drëttland gemaach huet.

Dat selwecht Gesetz gëtt et a Frankräich. Och do dierf  
e franséische Staatsbierger net ausgeliiwwert ginn un  
en Drëttstaat, egal, wat en do gemaach huet.

Allerdéngs, an dat ass, wat esou schockant ass,  
gëlle fir e Lëtzebuurger a Frankräich a fir e Fransous

zu Lëtzebuerg net déi selwecht Rechter. An duerfir  
hunn ech gesot: Dat ass eppes, wat mech als euro-  
päesche Bierger extreem stéiert! An ech kucken hei  
d'Madamm Reding, laangjäreg Kommissärin, déi  
sech ganz vill fir d'Mëscherechter agesat huet. Mir  
sinn also hei an enger Situatioun, wou en europä-  
esche Bierger, deem d'Recht huet, laut Artikel 21, vun  
der Libre circulation ze profitéieren an deem op Base  
vum Artikel 18 iwwerall an all Memberland vun der  
Europäescher Unioun muss d'selwecht traitéiert ginn,  
hei net esou traitéiert gëtt.

An ech muss soen, dat verstéisst géint all europäesch  
Reegelen a fir mech ass dat äusserst grav! Well wat  
dem Här Schneider elo passéiert ass, dat kann Iech  
allegueren a mir och passéieren, datt mir eis eng  
Kéier an engem aneren EU-Memberland ophalen, a  
wa mer dann an engem Drëttland géife poursuivéiert  
ginn, kënne mir do arréiert ginn a mir riskéieren  
ausgeliiwwert ze ginn.

An elo muss ech Iech soen, dat wat dem Här Schneider  
reprochéiert gëtt, dat ass a Frankräich – an dat resul-  
téiert aus engem Arrêt – an och zu Lëtzebuerg gëtt  
dat mat sechs Joer maximalem Prisong bestrooft. Ma-  
ximalem Prisong!

Här President, ech sinn e bësse méi laang, et ass e  
ganz wichtige Sujet, duerfir erlaabt mer vläicht, dat  
awer e bësselchen auszuféieren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Et gëtt awer Ree-  
gelen, ech wëll Iech just dorunner erënneren. An et  
muss een Iech ëmmer un déi Reegelen erënneren.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Jo, Här President, Dir  
wësst, ech halen ... Mee ech mengen, et ass e wich-  
tege Sujet. Hei riskéiert deem, an Amerika aus-  
geliiwwert ze ginn an dee kritt 40 Joer Prisong. 40 Joer  
Prisong! Dee riskéiert zu New York an de Prisong ze  
kommen, wou all Mëscherechtsorganisatiounen de  
Kapp rëselen, well se soen, datt dat ënner aller Klari-  
nëtt ass. Dat ass also d'Situatioun!

An ech muss Iech soen, et geet mir, wéi gesot, hei  
drëm, wat de Lëtzebuurger Staat ënnerhëlt, fir seng  
Bierger ze protegéieren, datt déi net un en Drëttstaat  
ausgeliiwwert ginn. An ech froen duerfir – an da kom-  
men ech ganz schnell zu menge Froen –: Madamm  
an Här Minister, éischens wëll ech wëssen, ob der  
Regierung déi ganz Thematik do bewosst ass, wat  
d'Regierung eventuell bis elo ënnerholl huet, fir alles  
ze maachen, datt dee lëtzebuergesche Staatsbierger  
net ausgeliiwwert gëtt.

Zweetens sinn ech wierklech der Meenung, datt déi  
ganz europäesch Legislatioun iwwert de Mandat  
d'arrêt europäen lacunaire ass, well et ka jo net sinn,  
datt europäesch Staatsbierger verschidden traitéiert  
ginn, wa se an engem anere Land sinn!

An drëtten mengen ech och, datt déi ganz Ausliw-  
werungstraitéien, déi mer mat verschiddene Länner  
hunn, totalement depasséiert sinn – fir nëmmen deem  
ze kucke mat Amerika: Deem datéiert, mengen ech,  
vun 1884. Dat fir Iech ze soen, wéi al déi Traitée sinn.

Voilà, dat sinn déi Froen, déi ech wollt stellen. An et  
geet, wéi gesot, hei ëm déi fundamental Fro, wat de  
Staat, eng Regierung mécht, fir seng eege Staatsbier-  
ger ze schützen.

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Mosar.  
D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizminis-  
tesch Sam Tanson.

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice** | Jo, merci  
villmools, Här President. Merci, Här Mosar, fir d'Fro.



Ech verstinn natierlech absolutt um mënschleche Plang dat, wat Der sot. Juristesche – an net nëmme juristesche, och institutionell, an dat wësst Der, well mir hu scho méi wéi eng Kéier iwwert deen Dossier hei geschwat – ass d'Situatioun awer déi, dass net d'Regierung kompetent ass, fir iwwert d'Poursuitten ze diskutéieren an ze decidéieren, mee dass dat de Parquet ass.

Ech ginn natierlech elo net op en Eenzelfall hei an. Dat steet der Chambersdiskussioun, mengen ech, net zou. Also Dir kënnt dat natierlech als Beispill fir ze illustréieren soen, mee ech kann hei eng Decisioun, déi op deem doten Niveau geholl ginn ass, weeder kommentéieren nach kritiséieren nach analyséieren.

Dir hutt mer als Éischt d'Fro gestallt, ob d'Regierung sech der Situatioun bewosst ass. Ech mengen, Dir kennt d'Äntwert op déi Fro, well Der mer scho Question-parlementaire gestallt hutt, well mer déi Diskussioun scho gefouert hunn: Jo, mir kennen déi Situatioun a mir sinn eeben drop opmierksam gemaach ginn, nodeems dat Ganz an der Éffentlechkeet war. Duerfir: Jo, mir kenne se.

Fläicht eng Kéier kuerz zu de Prinzippien. Et ass effektiv esou, dass e Lëtzeburger Staatsbierger, dee sech zu Lëtzebuerg befënnt, net kann ausgeliiwert ginn an en Drëttstaat. An dat si mir net eleng, déi esou eng Reegel hunn, ech géif mengen, déi meescht Länner op der Welt hätten dee selwechte Prinzip. Duerfir stellt Der jo d'Fro: „Ass de Mandat d'arrêt europäen lacunaire?“, well et déi Reegel an deem Cas de figure net gëtt.

Dat heescht, wann elo en europäesche Staatsbierger sech an engem anere Memberstaat befënnt an et kënnt vun engem Drëttstaat eng Demande d'extradition, da spillt dee Protektiounsmechanismus net. Do gëtt et och haut scho Jurisprudence vun der Cour de justice de l'Union européenne. Duerfir sinn ech e bëssen iwwerrascht, wann Der sot, et géif géint alles verstoussen, well u sech en Arrêt, deen Der, mengen ech, och kennt, den Arrêt Petruhin vum dem Europäesche Geriichtshaff hei um Kierchbierg de 6. September 2016 decidéiert huet:

„Lorsqu'un État membre dans lequel un citoyen de l'Union, ressortissant d'un autre État membre, s'est déplacé, se voit adresser une demande d'extradition par un État tiers avec lequel le premier État membre a conclu un accord d'extradition, il est tenu d'informer l'État membre dont ledit citoyen a la nationalité et, le cas échéant, à la demande de ce dernier État membre, de lui remettre ce citoyen, conformément“, an do komme mer dann dohinner, „aux dispositions de la décision-cadre [...], pourvu que cet État membre soit compétent, en vertu de son droit national, pour poursuivre cette personne pour des faits commis en dehors de son territoire national.“

Dat heescht, et muss dann an all Fall och déi Prozedur respektéiert ginn, et muss en Dossier zesumme gestallt ginn an et muss op Basis vu konkrete Faiten da gefrot ginn, dass dee Ressortissant a säin Heemechtsland zréckkënn.

Ech verstinn awer och Är juristesche Argumentatioun, wou Der sot, dass et am Fong speziell ass, dass een als Lëtzeburger eng aner Protektioun huet, wann ee sech zu Lëtzebuerg befënnt, wéi wann ee sech an engem aneren Nopeschland befënnt, also an engem europäeschen Nopeschland befënnt. Ech hunn elo perséinlech keng Connaissance dovun, dass esou Travaux am Moment schon amgaange wäeren, mee, wéi Der richteg sot, misst dat natierlech op europäeschem Niveau am Kader vun deem Mandat d'arrêt europäen klarifiéiert ginn, well dat misst jo dann eng Reegel sinn, déi fir all Land an der Europäescher Unioun géif d'selwecht spillen.

Dann deen drëtte Punkt, wou Der vun den Ausliiwungstraité schwätzt. Ech mengen net, dass dat an deem heite Cas de figure elo eng Inzidenz direkt hätt, well wéi Der richteg gesot hutt an ech Iech jo och confirméiert hunn, ass d'Reegel elo wierklech déi, dass kee Lëtzeburger Nationall ausgeliiwert gëtt vun deem Moment un, wou e sech hei um Territoire befënnt.

Ech mengen, den Här Asselborn hätt och nach Präzisiounen zu der Hëllefstellung, déi ee ka gelescht kréien.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Justizministersch Sam Tanson. An da ginn ech d'Wuert weider un den Här Ausseminister Jean Asselborn.

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** | Jo, wann Der wëllt, géif ech hei hanne stoe bleiwen. An der Fro, déi den Här Mosar gestallt hat, war och d'Wiener Konventioun ugeschwat ginn. En huet dat zwar elo net gefrot, mee ech wëllt vläicht e puer Wuert dozou soen. Also dat ass d'Konventioun iwwert d'konsularesche Beziéunge vun 1963 an do gesäit een am Fall vum Artikel 36 vir, also am Fall, wou e Lëtzeburger Bierger am Ausland géif festgeholl ginn, dass déi lëtzebuergesch konsularesche Verriedung an deem Land ee Recht huet, souwuel mat der concernéierter Persoun am Prisong ze kommunizéieren wéi och d'Persoun am Prisong besichen ze goen an hir Hëllef ze leeschten, zum Beispill, en Affekot ze fannen.

Derbäi kënnt, dass d'Autoritéit vun deem Land, wou e Lëtzeburger Bierger festgeholl gëtt oder am Prisong setzt, obligéiert sinn, direkt déi Lëtzeburger konsularesche Verriedung sur place doriwwer ze informéieren, à moins dass déi Persoun dat ausdrécklech refuséiert.

Bon, an deem Fall, deen Der jo awer indirekt ugeschwat hutt, Här Mosar, wëll ech soen, dass mir deenen Obligatiounen voll a ganz nokomm sinn. Eis konsularesche Verriedung a Frankräich, zu Paräis, huet déi gefrot konsularesche Assistenz gelescht. Sollt et elo zu enger Extraditioun an d'USA kommen, da géifen ons konsularesche Mataarbechter an Amerika sech selbstverständlech weiderhin dréms këmmen, fir dass déi néideg konsularesche Hëllef vu Lëtzeburger Säit garantéiert ass.

An ech hoffen, dass dat net geschitt. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Asselborn. Obschonn d'Zäit ofgelaf ass, wëllt den Här Mosar nach eng Zousazfro stellen. Ganz kuerz, wannech gelift, prezis!

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Jo, Här President, ech soen deenen zwee Ministere Merci. Ech wëll just awer nach eng Kéier soen: Ech weess, dass déi Situatioun juristesche komplex ass. Ech soen awer nach eng Kéier ganz kloer ... An duerfir sinn ech och frou, dass den Ausseminister selwer elo och de Mëtteg present ass, well ech weess, dass den Ausseminister – also och d'Justizministersch, mee den Ausseminister ass méi mat esou Dossiere confrontéiert – sech ëmmer extreem asetzt, asetzt fir all lëtzebuergesche Staatsbierger, och fir net lëtzebuergesch Staatsbierger, eppes, wat mir an ech och selwer ganz staark appreciéieren!

Ech mengen, mir sinn hei an engem mënschlech dramatesche Fall, engem dramatesche Fall! A kommt, mir maachen eis näischt vir, Här Ausseminister: Dir wësst och, wann dee Mann bis an Amerika ausgeliiwert ginn ass vun de Fransousen, da setzt deen zu New York an engem schreckleche Prisong. An ech brauch Iech net ze soen, wat op dee Mann do waart, deen hei eng Famill huet, dee schlussendlech, egal wat ... Deen huet och vill Meritte fir de

lëtzebuergesche Staat, well e laang och fir de Staat geschafft huet.

Ech mengen, do misst eng Regierung awer alles maachen – alles maachen! –, wat an hire Méiglechkeete steet, zesumme mat de franséischen Autoritéiten, och mat de Justizautoritéiten – an dat heescht elo net, Madamm Tanson, dass mir Iech hei géife soen, Dir misst do beim Parquet intervenéieren –, fir ze evitéieren, soen ech nach eng Kéier, dass e lëtzebuergesche Staatsbierger an Amerika ausgeliiwert gëtt.

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech hunn net direkt gemierkt, wou d'Zousazfro wier.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Et war eng Fro ...

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice** | Nee, ech och net.

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech géif am Fong dann d'Wuert zréckginn un d'Madamm Justizministersch.

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice** | Ech och net. Mee vu dass den Här Mosar sech un den Här Asselborn adresséiert huet, ech awer eigentlech net gesinn, wat dem Här Asselborn seng Roll an där doter Situatioun kéint sinn ..., also nach eng Kéier: Mir hunn eng Gewaltentrennung bei eis am Land. Mir diskutéieren jo vill doriwwer. An déi eenzeg Méiglechkeet wier jo déi, dass ee géif bei den Autorités judiciaires agraifen a soen, si missten eng aner Decisioun huele wéi déi, déi se geholl hunn. Or, et ass de Parquet, deen d'Opportunité des poursuites huet fir e Bierger zu Lëtzebuerg. An hei hu si a Fonctioun vun deem Dossier, wéi en ass, eng Decisioun geholl!

Wéi gesot, et steet mir wierklech net zou, dat ze kommentéieren. Duerfir hate mer jo och extra Echangingen doriwwer, och mat der Procureur général d'État. An et gëtt keen anere Wee! Dat heescht, de Wee, deen Dir elo opzeechent, dat wier dee vun engem Agräife vun der Politik an d'Justice.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Justizministersch. Dese Punkt ass domat ofgeschloss.

## 10. Question élargie n° 126 de Mme Viviane Reding sur le rapport de la Commission européenne sur l'évolution du pouvoir d'achat des fonctionnaires de l'Union européenne

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 126 vun der Madamm Viviane Reding iwwert de Rapport vun der Europäescher Kommissioun iwwert d'Evolution vun der Akafskraaft vun den EU-Beamten. Madamm Reding, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Viviane Reding (CSV)** | Merci, Här President. Mir hu vill haut iwwer Krich a Fridde geschwat, seriö, doudseriö Problemer, an déi Fro, déi elo um Dësch läit, kann e bësselchen als niewesächlech an deem Kontext gesi ginn. An dach, fir d'Zukunft an d'Stäerkt – oder d'Netstäerkt – vun den europäeschen Institutionen hei zu Lëtzebuerg ass et net niewesächlech, mee et ass scho wichteg.

Ëm wat geet et? Et geet net ëm déi europäesch Institutionen, deenen hire ganze System hei zu Lëtzebuerg ass, wéi zum Beispill d'BEI, d'Cour des comptes, d'Cour de justice, mee et geet haaptsächlech ëm d'Europäesch Kommissioun, vun där d'Haaptinstitutionen zu Brëssel sinn, an awer och ganz vill Administratiounen zu Lëtzebuerg. Dat betrëfft e puer Dausend Mataarbechter, wou Deeler, wichteg Deeler vun der Kommissioun hei zu Lëtzebuerg sinn.

Wat ass dann de Problem? Majo, wann der e Betrib huelt oder eng Institutioun, déi ka sech op Dauer

nëmmen entwéckelen, wann talentéiert, kapabel Mataarbechter ugezu ginn. Geschitt dat net, da gëtt déi Institutioun oder dee Betrib lues a lues ausgehilt. An dat ass leider zu Lëtzebuerg deelweis de Fall.

Ech ginn Iech e puer Beispiller, an et ass och schonn hei doriwwer geschwat ginn. Nämlech am Gesondheetsberäich, do hate mer déi ganz wichteg Agence Chafea hei zu Lëtzebuerg, déi d'Gesondheetspolitik vun der Europäescher Kommissioun ausgeschafft huet. Déi ass opgeléist ginn an ënner engem aneren Numm, HERA, zu Bréissel installéiert ginn. Am Technologieberäich, wou virgesinn ass, datt dräi Direkteschposten hei zu Lëtzebuerg där Administratioun virstinn, sinn der ganz genau null hei zu Lëtzebuerg.

Et gëtt ëmmer manner fest Kontrakter an ëmmer méi zäitlech limitéiert Kontrakter zu ganz oninteressante finanzielle Konditiounen fir d'Leit. An et gesäit ee jo och, zum Beispill déi nei Europäesch Staatsanwaltschaft, déi huet Krämpes, fir hei zu Lëtzebuerg Mataarbechter ze fannen. Dat Ganz ass de facto eng Aushillegung vum Accord de siège a vun der Zukunft vun den Institutiounen.

Firwat ass dat esou? Dat geet zrëck op de Statut vun den EU-Beamten vum 1970, schonn eng laang Zäit hier. An deem Statut gëtt ëmmer gekuckt, wann eng Administratioun an engem anere Land ass, wéi d'Liewenshaltungskäschten an deem Land sinn, a getrei där Berechnung gëtt dann de Salaire berechent, mat der eenzeger Ausnam zwëschen Bréissel a Lëtzebuerg, wou dat net gemaach gëtt. Aus historesche Grënn, Här President – ech wëll elo net dorobber agoen –, mir wëssen et alleguer.

Mee d'Welt huet sech geännert zënter 1970 an haut ass de Pouvoir d'achat zu Lëtzebuerg am zweestellige Beräich méi niddreg wéi zu Bréissel mat deem selwechte Gehalt. Ergo zéien d'Leit et vir, fir dat selwecht Gehalt dann op Bréissel schaffen ze goen. Dee Coefficient correcteur, deen et an aneren Administratiounen vun der Kommissioun an anere Länner gëtt, gëtt leider net ugewannt, an dofir ass dee Problem.

Et sinn awer e puer Institutiounen zu Lëtzebuerg, déi dee Problem bei sech geléist hunn. Ech nennen d'NATO, ech nennen d'EFTA, déi hunn esou e Coefficient correcteur agefouert.

Wéi elo dee leschte Rapport vun der Kommissioun erauskomm ass zu deem System do, deen haut leider net méi funktionéiert, wéi e soll, huet d'Lëtzeburger Press, an ech zitieren: „Luxembourg, not the place to be“ zum Beispill iwwert dee Rapport geschriwwen. An d'Syndikater vun den Europabeamten, an ech zitieren se, déi hunn och gesot, datt d'Kafkraaft zu Lëtzebuerg méi wéi 20 % ënnert där vu Bréissel läit, d'Paien awer déi selwecht sinn. „Nous sommes dans une situation de discrimination, d'inégalité de traitement flagrante. Cet aspect est bien rappelé dans le rapport de la Commission“, soen d'Syndikater.

Sou, Här President, an deem Sënn hu mer och an der aussepolitichescher Kommissioun diskutéiert. Mir kennen de Problem. An hei geet et elo net drëm, Här Ausseminister, fir der Regierung Virwërf ze maachen. Hei geet et drëm, fir der Regierung de Réck ze stäipen. Dofir hoffen ech, datt d'Parteien hei an dësem héijen Haus soen: „Mir brauchen eng Reform vum Statut. A mir brauchen eng Reform vum Statut, déi net diskriminatoresch ass vis-à-vis vun deene Leit, déi mer hei zu Lëtzebuerg brauchen. Regierung, verhandelt an deem Sënn, a Regierung, sief gewëss, datt d'Parlament an deem Sënn hannerun Iech steet!“

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Reding. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** | Also merci villmools, Madamm Reding. Mir haten effektiv an der Kommissioun heiriwwer geschwat an Dir hutt drop gehalen, dass mer dat och am Plenum maachen. An ech ginn Iech do ganz Recht. Well et e weénege technesch ass, hoffen ech, dass Der mer e weénege Zäit gitt, fir dat kënnen dann nach eng Kéier ze explizéieren.

D'Presenz vun den EU-Institutiounen zu Lëtzebuerg ass jo e Sujet, dee fir d'ganz Land immens wichteg ass, net nëmme fir eng Regierung. An duerfir wëll ech och begrëssen, dass d'Madamm Reding, déi dee Betrib ganz gutt kennt, sech och weider derfir asetzt, an engem Joer, wat jo 70 Joer europäesch Presenz elo zu Lëtzebuerg och markéiert. An ech mengen, dorobber kënnen mer allegueren och e weénege houfreg sinn.

Loosst mech vläicht déi méi generell Punkte maachen, wat de Statut vu Lëtzebuerg als Sëtz vun den EU-Institutiounen an -Agencen ugeet, fir dann e weénege op den Detail ze kommen.

Also fir d'éischt emol, a jidderee kennt jo de Kierchbiere, wann een de Kierchbiere gesäit, da kann ee menger Meinung no net soen, dass Lëtzebuerg elo eng vun deenen dräi Hauptstied wier, wou keng Dynamik méi ass, an dass do eng Gefor géif bestoen, dass mer géife verschwannen. Mir hunn effektiv – an dat därefer mer net vergiessen – 14.000 Agenten zu Lëtzebuerg schaffen, eng Zuel, déi mir nach ni haten. A mir konnten an de leschten zwee Joer zwou nei Agencen hei op Lëtzebuerg hikiréieren. Dat sinn den Europäesche Parquet an och den EuroHPC, déi sech also hei zu Lëtzebuerg ugesidelt hunn. A mir hunn ufanks vun dësem Joer och de Greffe kritt vun der Cour d'appel vun der Juridiction unifié du brevet. Dat ass wichteg an eng weider Stärkung also vun eisem Pôle juridique.

Souwuel deen Europäesche Parquet wéi och deen EuroHPC hu fir dëst Joer eng konsequent Hausen vum hirem Personal accordéiert kritt an donieft ass d'Mandat vum EuroHPC och ausgebreit ginn, wat eigentlech gutt Nouvellé si fir Lëtzebuerg. Et sief och kloergestallt, dass béid Agencen keng Problemer hunn, fir kompetent Leit hei zu Lëtzebuerg ze fannen. Dat beweist, dass Lëtzebuerg nach ëmmer attraktiv ass, an och fir Experten an de Beräicher Finanzen, Droit an och Digitales.

An déi sëllege Bauprojeten um Kierchbiere – Dir gesitt d'Kranen, déi do allegueren schaffen –, déi allegueren eng grouss Envergure hunn, déi weisen, dass den Engagement à long terme vun den Institutiounen zu Lëtzebuerg fir Presenz hei am Land net a Fro gestallt ass.

Wat elo de Rapport vun der Europäescher Kommissioun iwwert de Statut vun der europäescher Fonctioun publique betrëfft, dat ass zimmlech komplex. Mir hunn dat an der Kommissioun gekuckt an ech widerhuelen et och nach eng Kéier hei. Dee Rapport ass vum 26. Abrëll 2022. En ass un d'Europaparlament gaangen an en ass un de Conseil geschéckt ginn. An op Basis vun deem Rapport decidéiert elo d'Kommissioun, ob si eng Propos mécht, fir de Statut op verschidde Punkten ze änneren. Dat ass also d'Kommissioun eleng, déi den Droit d'initiative do huet.

Et sief och drun erënnert, dass, wéi ech gesot hunn, den Initiativmonopol fir all Ännerungen vum Statut vun den EU-Beamten eleng bei der Kommissioun läit. Dat läit net bei der Regierung oder beim Europaparlament, et läit eleng bei der Kommissioun!

A wéi de Statut et virgesäit, huet sech och dëse Rapport virun allem mat der Fro ausernanergesat, ob d'Entwécklung vun der Kafkraaft vun allen EU-Beamten equivalent verlaft ass mat der Entwécklung

vun der Kafkraaft vun der Fonctioun publique an de Memberstaaten. De Constat vun der Kommissioun ass, dass dat just bedéngt de Fall ass, well d'Paie vun den EU-Beamten tëschent 2014 an Enn 2021 net esou staark geklomme sinn, wéi dat am öffentlichen Déngscht vun de Memberstaaten de Fall war. D'Differenz läit do bei 3,1 %.

Donieft ass an deem Rapport, d'selwecht wéi am leschte Rapport, deen 2018 war, ënner anerem en Deel iwwert de sougenannte Coefficient correcteur. Also d'Coefficients correcteurs, d'Madamm Reding huet et gesot, erlaben et, d'Paie vun den EU-Beamten automatesch un d'Liewenskäschte vun de jeeeweilige Lieux d'affectation unzupassen. An de Referenzwäert ass Bréissel. Dat ass esou.

D'Statistiken iwwert d'Liewenskäschten op deene verschidde Lieux d'affectation gi reegelméisseg vun Eurostat à jour gesat. Dës Coefficients correcteurs existéieren de Moment an allen EU-Memberstaaten, an deem EU-Institutiounen an -Agencen present sinn, an och an den Drëttstaaten, an deenen d'Services extérieurs vun den EU-Delegatiounen sinn, mat enger Ausnam, Dir hutt et gesot, eebe Lëtzebuerg.

Wéinst dem historesche Rôle vu Lëtzebuerg a Bréissel als Sëtz vun den Institutiounen huet de Statut, vun deem déi lescht Versioun 1963 – ech mengen, do hu mer eppes gefeiert hei zu Lëtzebuerg – ugeholl gouf, déi selwecht Grille de salaire fir Bréissel a fir Lëtzebuerg virgesinn. De Statut seet kloer an däitlech, dass et kee Coefficient correcteur fir Lëtzebuerg gëtt. A laang Zäit war dat natierlech och iwwerhaapt kee Problem, well et keng grouss Differenzen tëscht der Entwécklung vun de Liewenskäschten zu Lëtzebuerg an deenen an der Belsch gouf. Dat ass haut net méi esou, dat ass kloer.

D'Afféiere vun engem potenzielle Coefficient correcteur fir Lëtzebuerg setzt fir d'alleréisch eng Ännerung vum Statut vun der Fonctioun publique européenne selwer viraus. An déi ka just iwwert, wéi ech gesot hunn, d'Codecioun vum Conseil a vum Europaparlament geschéien. De Statut erlaabt och keng aner Prozedur an deem Fall. An d'Lëtzeburger Regierung huet leider keen Initiativrecht.

Nun, de Rapport erkennt un, datt den Ënnerschied vun de Liewenskäschte problematesch ass, mee datt et keng Solution magique gëtt, dat eebe wéinst de Particularitéite vu Lëtzebuerg.

De Rapport léisst awer d'Fenster op fir méiglech Léisungssätz, esou wéi déi aktuell Reflexiounen tëscht der EU-Institutioun a Lëtzebuerg iwwer eng intern Léisung. Enn Abrëll an Ufank Mee gouf de Rapport am zoustännegen Aarbechtsgrupp vum Conseil diskutéiert. Do huet Lëtzebuerg kloer an däitlech eis Positioun, wat d'Fro vun de Liewenskäschten tëscht Lëtzebuerg a Bréissel betrëfft, vertrat, esou wéi d'Madamm Reding jo och gesot huet a wéi d'Chamber mat hannerdrustee.

Mir hunn d'Kommissioun eemol méi opgeruff, all Pisten ze exploitéieren, fir déi Differenz an der Kafkraaft respektiv vun de Liewenskäschten tëscht den EU-Beamten zu Lëtzebuerg an hire Kollegen zu Bréissel auszegläichen. Eng vun deene Piste kéint sinn, fir e separate Coefficient correcteur fir Lëtzebuerg anzeféieren, mat all deenen Hürden, déi ech awer elo viru beschriwwen hunn.

Nun, nodeems d'Kommissioun de Rapport iwwert de Statut vun der Fonctioun publique européenne un de Conseil an un d'Parlament geschéckt huet, musse mer elo gesinn, wat d'Kommissioun konkret proposéiert. De Rapport wäert jo dann natierlech och mussen am Europaparlament diskutéiert ginn.



Et ass leider eng Tatsaach, dass Poste vun der Europäescher Kommissioun zu Lëtzebuerg onbesat sinn, also dass et där Poste gëtt. Am Kader vun der Ëmsetzung vum Accord Asselborn-Georgieva iwwert d'Präsenz vun der Kommissioun zu Lëtzebuerg ass dat natierlech eppes, wat eis Regierung grad ewéi och d'Chamber beonroege.

Et wier awer verkierzt ze soen, dass all dës Poste bei der Kommissioun direkt besat wieren, wa mer muer e Coëfficient correcteur hätten oder et en anere Mechanismus géif ginn, fir d'Paritéit a Saache Kafkraaft tëschent den EU-Beamten zu Lëtzebuerg an hire Kollegen ze garantéieren. Et gëtt eendeiteg och strukturell Grënn. Et gëtt strukturell Grënn, déi virun allem bei der Europäescher Kommissioun mat hire Services transdennais, also Servicer, déi souwuel zu Lëtzebuerg wéi och zu Bréssel present sinn, ze dinne hunn. D'Kommissioun muss hei derfir suergen, dass d'Posten zu Lëtzebuerg attraktiv sinn, dat ass wichteg, an och Pouvoir décisionnel hunn, dass d'Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, och kënnen eppes decidéieren.

Dat ass och e ganz wichtege Punkt fir d'Regierung, dee mer natierlech der Kommissioun an allen Eechangen am Kader vum Suivi vun der Ëmsetzung vun deem Accord Asselborn-Georgieva mat op de Wee ginn. Wéi Der wësst, huet d'Regierung keen Afloss op de Grad oder de Statut vun de Poste bei den EU-Institutionen zu Lëtzebuerg, genee wéi d'EU-Institutionen keen Afloss hunn op de Grad oder de Statut vun de Posten, wat d'Lëtzebuerger Fonction publique ugeet.

Donieft muss ee sech och nach bewusst sinn, dass d'europäesch Fonction publique an de leschten 10 bis 15 Joer leider allgemeng manner attraktiv ginn ass. An e Rapport vum Europäesche Rechnungshaff bestätegt, dass déi lescht Reforme vum Statut vun 2014 eigentlech en nefaste Impakt op d'Attraktivitéit an op d'Diversitéit vun der europäescher Fonction publique hunn.

Wéi Der jo wësst, huet d'Regierung sech ëmmer fir eng staark an eng attraktiv an divers europäesch Fonction publique agesat, déi op der Héicht ass, fir deen ambitiöse politeschen Agenda vun der Europäescher Unioun ëmzesetzen. Dës Positioun hu mer och am Kader vun de Verhandlungen vum Budget pluriannuel, déi ganz schwéier waren, 21/27, verdeedegt, fir de Couppe an der Rubrik VII – dat waren déi gréisst Couppe, relativ gesinn –, also bei den Dépenses administratives, entgéintzewirken.

Leider ass zënter enger Retsch Joren d'Tendenz am Conseil, dass eeben nach méi gespuert gëtt, wat déi administrativ Käschten ugeet. An ech fäerte ganz, dass et duerch d'Pandemie an och duerch de Krich an der Ukrain net wäert vill méi einfach ginn, fir déi generell Tendenz do ëmzedreien.

Wéi Der gesitt, ass d'Thematik net einfach, si ass komplex. An op alle Fall wäerte mer als Regierung de Sujet vun de Liewenskäschten och weiderhin enk suivéieren, och all Efforten ënnerhuelen, fir eng durabel an eng gerecht Léisung am Interesse vun der Europäescher Unioun a vun hire Beamten zu Lëtzebuerg ze fannen. An de Soutien vun der Chamber an och vun de Lëtzebuerger Europadeputéierten, déi ech net wëll ënnerschätzen, fir d'Efforte vun der Regierung fir Lëtzebuerg als Sëtz vun den europäeschen Institutionen nach weider ze stäerken, ass hei natierlech immens wichteg. An ech soe Merci fir allegueren déi Hëllef.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Ausseminister Jean Asselborn. Dës Punkt ass domadder ofgeschloss.

## 11. Motion de M. Yves Cruchten concernant la fonction publique européenne

Da géif ech d'Wuert un den Här Yves Cruchten gi fir den Depot vun enger Motioun.

### Dépôt et exposé

**M. Yves Cruchten** (LSAP), auteur | Merci, Här President. Ech iwwerreechen Iech déi dann och direkt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP), auteur | Déi Motioun schreift sech a genau deen heite Kader zu där Diskussioun an, déi mer elo gefouert hunn, déi d'Madamm Reding hei op den Ordre du jour setze gelooss huet, fir déi ech hir och Merci soen, dass mer eng Kéier heiriwwer schwätzen. Si ass net déi Eenzeg, déi dat Thema scho wollt opgräifen. Och den Här Di Bartolomeo ass schonn zwee Joer hannert mer, dass mer sollten eng parlamentaresch Initiativ an deem Sënn huelen.

Dat hu mer gemaach. Mir hunn an der Kommissioun doriwwer geschwat a mir maachen eigentlech mat där Motioun hei genee dat, wat d'Madamm Reding gefrot huet, nämlech dass mer der Regierung an deem Dossier sollen de Réck stäipen. Et ass wichteg, dass mer do als Parlament och hannert der Regierung stinn. An ech sinn och ganz hofreg a frou kënnen ze soen, dass allegueren d'Parteien aus der Chamber an déi vertruete sinn an der aussepolitischen Kommissioun dës Motioun matdroen.

Ech maachen et ganz kuerz. Wéi gesot, et geet drëms, der Regierung de Réck ze stäipen, se ze ënnerstëtze bei den Efforten, fir d'Attraktivitéit vun der europäescher Fonction publique ze stäerken, fir d'Präsenz vun den EU-Institutionen an Organismen zu Lëtzebuerg ze promouvieren an d'Europäesch Kommissioun ze engagieren, fir Léisungen ze fannen, fir eeben déi Differenz vun de Liewenskäschten tëscht Bréssel a Lëtzebuerg bei den internationale Fonctionnaires ausgeglach ze kriegen.

### Motion

*La Chambre des Députés,*

– *soucieuse de l'importance fondamentale d'une fonction publique européenne attractive, diverse et de haute qualité ;*

– *saluant la poursuite des efforts du Gouvernement visant à développer encore davantage la présence des institutions, organes et organismes européens à Luxembourg ;*

– *considérant que le statut de la fonction publique européenne [règlement n° 31 (C.E.E) 11 (C.E.E.A.)] prévoit une adaptation annuelle automatique, par le biais du système des soi-disant « coefficients correcteurs », des rémunérations et des pensions des fonctionnaires et agents européens au coût de la vie de leur lieu d'affectation respectif, par référence à Bruxelles ;*

– *considérant que ce même statut consacre que l'adaptation automatique des rémunérations et des pensions des fonctionnaires et agents européens s'applique à tous les lieux d'affectation où les institutions, organes et organismes européens sont présents, la seule exception étant le Luxembourg, qui est assimilé à Bruxelles ;*

– *considérant que l'étude commanditée par la Commission européenne en 2019 a constaté une différence de 10,5% du coût de la vie entre Luxembourg et Bruxelles ;*

– *partageant la position du Gouvernement que l'écart du coût de la vie entre Luxembourg et Bruxelles justifie la*

*poursuite des réflexions relatives à des pistes de solutions potentielles qui pourraient être adoptées au niveau de l'Union européenne pour compenser cette différence du coût de la vie ;*

– *considérant que certaines pistes de solution, y compris celle d'une éventuelle introduction d'un coefficient correcteur pour le Luxembourg, nécessiteraient une modification du statut de la fonction publique européenne en l'état ;*

– *notant que toute modification du statut de la fonction publique européenne est adoptée conformément à la procédure législative ordinaire, sauf dispositions contraires ;*

– *considérant que le monopole d'initiative pour toute modification du statut de la fonction publique européenne appartient à la Commission européenne ;*

– *considérant le rapport de la Commission européenne sur l'application de l'annexe XI du statut de la fonction publique européenne et de son article 66bis (COM(2022) 180 final) du 26 avril 2022,*

*invite le Gouvernement à*

– *continuer à promouvoir auprès de la Commission européenne la nécessité de renforcer davantage l'attractivité, la diversité et la qualité de la fonction publique européenne, y compris en y consacrant les ressources nécessaires ;*

– *poursuivre ses efforts visant à développer encore davantage la présence des institutions, organes et organismes européens à Luxembourg et à promouvoir la conservation et la création de postes attractifs et dotés de pouvoir décisionnel à Luxembourg ;*

– *continuer d'engager la Commission européenne afin d'initier l'adoption d'une solution pérenne et non discriminatoire au niveau de l'Union visant à compenser durablement la différence du coût de la vie entre Luxembourg et Bruxelles pour les fonctionnaires et agents européens affectés à Luxembourg.*

(s.) Yves Cruchten, Sven Clement, Stéphanie Empain, Gusty Graas, Fernand Kartheiser, Nathalie Oberweis.

Ech soen Iech Merci fir d'Ënnerstëtzung.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten.

Kënnen mer direkt iwwert dës Motioun ofstëmmen?

(Assentiment)

Kënnen mer iwwert dës Motioun à main levée ofstëmmen?

(Interruptions)

Nee, d'Madamm Reding freet de Vote électronique. Mir kommen dann elo zum Vott iwwert dës Motioun.

### Vote sur la motion

D'Ofstëmmen fänkt un.

(Concertation interne)

Da komme mer bei de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeho.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Marc Lies), Marc Spautz, Serge Wilmes

(par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

## 12. Dépôt d'une motion par Mme Nathalie Oberweis

Da géif ech d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis ginn, och fir den Depot vun enger Motioun.

### Exposé

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | Hér President, léif Kollegen, ech zéien den Owend nach e bësse méi an d'Längt.

### Plusieurs voix | O!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | Entschëllegt. Ech maachen et och net laang, ech hu jo souwisou och net vill Zäit. Dës Motioun, déi ech hei deposéieren a presentéieren, huet näischt mat der Debatt vun haut ze dinn, et ass éischter en Zoufall. Mir hunn haut hei am Sall relativ grouss Unanimitéit gehat, dass mer musse Vëlker ënnerstëtzen, déi militäresch iwwerfall ginn, déi militäresch besat sinn. Och wa mer net ëmmer averstane sinn, wéi mer se sollen ënnerstëtzen, mengen ech awer, et gëtt eng Unanimitéit, dass mer se sollen ënnerstëtzen.

Duerfir ginn ech eng Motioun eran, déi u sech oprift, fir de Staat Palästina unzekerken. Ech weess, dass dat schonn eng Kéier gemaach gouf. 2014 gouf et zwou Motioune. Doropshin ass näischt geschitt. Et geet och drëms, déi besate palästinensesch Gebidder als Annexioun unzekerken, als De-facto-Annexioun unzekerken, well et ass dat, wat et ass: Et ass eng De-facto-Annexioun.

Ech erënnere kuerz drun, dass all d'Friddensverhandlungen an de leschte Joerzénge echouéiert sinn, dass all d'Efforten, déi d'Palästinenser ënnerholl hunn, echouéiert sinn, sief et, mat Waffen ze resistéieren – dat huet näischt bruecht, dat hu si selwer agesinn –, a si probéieren et elo mat enger friddlecher Resistenzbewegung, dem BDS. Och dat ass net evident.

An ech erënnere virun allem drun, dass de Staat Palästina keng Kontinuitéit huet, dat heescht, kee kontinuéierleche Staat ass, mee an zwee gespléckt ass, wéi Der wësst, Gaza a Westjordanland, an et am Westjordanland absolutt keng Kontinuitéit gëtt duerch déi Siidlungen, déi Der kennt.

Ech weess net, ob een heibanne weess, wéi vill Siidler am Westjordanland liewen. Ech kann Iech et soen: Et sinn der 750.000. Vläch si mer entre-temps bei 800.000, déi illegal an deem Land liewen, déi op

Territoirë liewen, déi de Palästinenser gehéieren. Hir Felder ginn ewechgeholl, hir Haiser ginn zerstéiert an esou virun, all Dag, säit Joren!

Dir hutt matkritt, dass déi israelesch Regierung nees eng Kéier 4.000 nei Wunnenge geplangt huet. Ech hunn och gesinn, dass den Här Asselborn protestéiert huet. Och hien ass net domat averstanen, ech weess dat. Mee et geet net duer ze condemnéieren. Ech hu virdru vun der Impunitéit geschwat. De Staat Israel ass an enger absolutter Impunitéit. Et mengt ee bal, si géifen dem internationale Recht net ënnerleien, si géifen net deene selwechte Reegelen ënnerleien. Si maachen, wat se wëllen. Si trieden d'internationaalt Recht mat Féiss! An Dir wësst et ganz genau, ech mengen, dat ass elo keng Neiegkeet hei.

Wéi gesot: Siidlungen, 800.000 Siidler, de Mauerbau ... Ech weess net, ob een heibanne weess, dass de Mauerbau – ech hunn nach e bëssen Zäit, mengen ech –, net op der Grenz ass. 95 % vum Mauerbau verlafen um palästinenseschen Territoire. D'Mauer ass net eleng eng Sécherheetsmauer, mee gëtt benotzt, fir Territoiren ze klauen, fir Waasserquellen ze klauen. Dir kennt Iech d'Kaarten ukucken, ech hu se alleguer, ech kann Iech se weisen. Et ass absolutt alles illegal dem internationale Recht no. Mir hunn d'Donnéee säit Joren a Joerzénge, an Dir alleguer wësst et.

Dofir ginn ech dës Motioun eran. An ech bieden eis, d'Regierung opzufuerderen, fir endlech anzegesinn an d'Regierung opzufuerderen, dës Annexioun, déi et ass, och esou ze benennen a Palästina als Staat unzekerken, fir si ze stäerken. Well et geet virun allem drëms, si ze stäerken, esou wéi mer et och mat der Ukrain ... Bon, mir waren net averstanen, mee mir sinn eis eens, dass mer si musse stärke par rapport zu deem Mächtige, dee si besetzt, deen u sech d'Soen huet, deen am Endeffekt la loi du plus fort applizéiert. An dofir soen ech Iech Merci.

### Motion

*La Chambre des Députés,*

*constatant*

– les échecs répétés des négociations de paix entre les autorités israéliennes et palestiniennes ;

– que la reconnaissance de l'État d'Israël a eu lieu peu après la déclaration unilatérale d'indépendance de l'État d'Israël en 1949 ;

– que l'occupation militaire de la Palestine depuis 1967 continue jusqu'à ce jour, malgré la résolution n° 242 de l'ONU ;

– le morcellement croissant du territoire palestinien, à la suite de l'établissement des colonies de peuplement et du rythme de plus en plus soutenu de l'établissement de colonies, encore renforcé par l'annonce récente du projet de construction de 4.000 logements en mai 2022 ;

– la mise en place du mur de séparation, de routes de contournement, de check points, en contradiction avec la reconnaissance d'un État palestinien souverain et continu ainsi qu'avec l'avis de la CIJ et la résolution de l'ONU de juillet et août 2004 ;

– l'expulsion de dizaines de milliers de Palestiniens de la Palestine occupée, notamment à Jérusalem-Est, dans la zone C de la Cisjordanie et dans la vallée du Jourdain, condamne

– la poursuite et l'accélération de la colonisation de grandes parties des territoires palestiniens ;

– l'annexion de facto et illégale de grandes parties de la Palestine occupée ;

– les déplacements forcés de populations à Jérusalem-Est, en particulier à Silwan et à Sheikh Jarrah, ainsi que dans la zone C, notamment dans la vallée du Jourdain,

*s'inquiète*

– du fait que ces processus et actions de colonisation renforcent encore davantage le déséquilibre déjà flagrant entre l'occupant et l'occupé et par là rendent de plus en plus aléatoires les perspectives de paix et impossible la réalisation d'un État palestinien,

*note*

– que, selon le rapport des Nations Unies d'avril 2011, les institutions palestiniennes sont « désormais suffisantes pour assurer le gouvernement d'un État » et que, de ce fait, l'État de Palestine est une réalité qui présente un degré d'effectivité suffisamment avéré, en plus d'une incontestable légitimité, dans les principaux domaines de l'administration et de la gestion des affaires relevant d'un État ;

– que la décision de la Cour pénale internationale d'ouvrir un dossier sur les éventuels crimes de guerre et crimes contre l'humanité commis par Israël, par l'Autorité palestinienne et certains groupes armés palestiniens, a été rendue possible après que cette Cour a vérifié les conditions du statut d'État de la Palestine sur base du Statut de Rome ;

– que la reconnaissance pleine et entière de l'État de Palestine par l'ensemble de la communauté internationale conférerait à celui-ci un certain nombre d'avantages nouveaux tout en le mettant en situation d'égalité par rapport à tout État de droit reconnu par l'ONU, y compris l'État d'Israël ;

– que « le moment opportun » de reconnaître l'État de Palestine est passé depuis longtemps,

*rappelle*

– les nombreuses déclarations publiques par les ministres européens des affaires étrangères et en particulier le ministre luxembourgeois en vue de reconnaître l'État de Palestine sur la base des frontières de 1967 ;

– les nombreuses déclarations de la communauté internationale en soutien à la solution des deux États ;

– les motions de la Chambre des Députés du 17 décembre 2014 demandant au Gouvernement luxembourgeois de reconnaître l'État de Palestine,

*invite le Gouvernement du Luxembourg*

– à reconnaître que les actions d'occupation et de colonisation équivalent à une annexion de facto de grandes parties des territoires palestiniens et que cette annexion de facto est en contradiction avec le droit international et les résolutions de l'ONU ;

– à dénoncer et condamner cette annexion de facto de grandes parties des territoires palestiniens ;

– à ne pas aider ou assister, de quelque manière que ce soit, l'État responsable de cette annexion et à œuvrer à mettre fin à cette situation illégale ;

– à contraindre Israël à mettre fin à toute activité de colonisation et à cesser toute action qui va à l'encontre du droit à l'autodétermination des Palestiniens ;

– à mettre en œuvre sans plus tarder la résolution de la Chambre des Députés du 17 décembre 2014 l'invitant à reconnaître l'État de Palestine, à la suite de 137 États non européens et de la Suède.

(s.) Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. Ech mengen, mir géifen déi Motioun dann zum Schluss huelen, wa se verdeelt ginn ass.



### 13. 7832 – Projet de loi portant approbation de l'Accord de protection des investissements entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République socialiste du Viêt Nam, d'autre part, fait à Hanoï, le 30 juin 2019

Mir kéimen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 7832, en Ofkommes tëscht der EU an hire Memberstaate mam Vietnam am Beräich vun den Investissementer. Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif dann d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, den honorabelen Här Yves Cruchten.

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile**

**M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur** | Merci, Här President. Mat iwwer 650 Milliounen Konsumente sinn d'Ekonomen a Südostasien wichteg Zilmarché fir europäesch Exporter an Investissementer. Déi lescht Jore koumen déi meescht auslännesch Direktinvestitiounen a Südostasien aus der Europäescher Unioun. Markéiert vu séier wuessende Mëttschichten an expandéierenden Ekonomien, wäert dës Regioun an Zukunft ëmmer méi interessant fir europäesch Investissementer ginn.

Opground vun all dësen Entwécklungen war d'Europäesch Kommissioun schonn 2007 bilateral Verhandlung mat der ANASE, der Association des nations de l'Asie du Sud-Est agaangen. D'strategiegeschicht Zil war et deemools, fir e Fräihandelsaccord mat der ASEAN ze schafen. Gläichzäiteg huet d'Europäesch Unioun sech awer och d'Méiglechkeet virbehalen, individuell mat Länner Ofkommessen ze schliessen.

2012 huet den EU-Conseil decidéiert, bilateral Negociatiounen mam Vietnam unzefänken, wéi dat e puer Joer virduen och scho mat Singapur de Fall war. Am August 2018 ass decidéiert ginn, d'Verhandlungsergebnisse op zwee Accorden opzedeelen. Esou sinn am Juni 2019 zu Hanoi zwee Accorden tëscht dem Vietnam an der Europäescher Unioun ënnerschriwwen ginn. Dat waren engersäits de Fräihandelsaccord an anerersäits en Accord fir d'Protektioun vun Investissementer. D'Europäesch Parlament huet den 12. Februar 2020 seng Approbatioun ginn. An de Vietnam huet déi zwee Traitéen den 18. Juni vun deem Joer ratifizéiert.

De Projet de loi 7832, ëm deen et dann elo hei geet, soll also den Accord zum Schutz vun Investissementer ëmsetzen.

De Staatsrot huet drun erënnert, datt den Artikel 4 (3) iwwer eventuell zukünftige Modifikatiounen vum Accord fuerdert, datt mir d'Gesetz mat enger Zweedrittelsmajoritéit stëmme mussen an de Vote par procuration deemno ausgeschloss ass.

D'Kommissioun huet sech den 2. Mee mam Text ausernanergesat an de Rapport ass de leschten 13. Mee ugeholl ginn. Den Accord selwer ass a véier Kapiteln ënnerdeelt. Am éischten Kapitel sinn d'Ziler an d'Definitiounen vum Accord néiergeschriwwen. Am zweeten Kapitel geet et ëm de Schutz vun den Investissementer. Am drëtten Kapitel sinn d'Dispositiounen zu der Reegelung vu Konflikter festgeluecht. An am véierten a leschten Kapitel stinn institutionell, generell a final Dispositiounen.

Bei dësem Kapitel ass et besonnesch wichteg, den Zesummenhang mam Fräihandelsaccord net ze vergiessen. Hei sinn eng Partie Moossname fir d'nohalteg Entwécklung an zum Beispill d'Rechter vun den Aarbechter enthalten. De Vietnam gëtt dozou verpflichtet, am Beräich vum Aarbechtsrecht a vun der Ëmweltpolitik gewësse Standarden ze erfëllen. Zanter der Signature vun dësen zwee Accorden sinn an dës Beräicher och scho Fortschreitter festzustellen.

Fir Lëtzebuerger Entreprises an Investisseuren, déi mam Vietnam zesummeschaffen oder dorun interesséiert sinn, ginn heimat méi Stabilität a besser Viraussetzung geschafen.

Schlussendlech géif ech nach gär drun erënneren, datt d'Accorden iwwergeuerdent Ziler verfollegen. Et ass wichteg, den Accord zum Schutz vun Investissementer an dee vum fräien Handel an e méi grouss Kader vum Partenariat an der Kooperatioun mam Vietnam ze setzen, déi d'Verhältnis vun der EU an dem Vietnam iwwerall do reegelen, wou mir gemeinsam Interessi hunn. Dozou zielen d'Entwécklungszusammenaarbecht, den Handel, d'Investissementer, mee awer och d'Good Governance.

Nieft den ekonomesche Virdeeler hunn d'Accorden also och d'Zil vun der nohalteger Entwécklung. Duerfir definéieren d'Accorde kloer an transparent Reegelen, déi vun effentelechen Institutiounen festgeluecht ginn.

Ech soen Iech Merci a ginn den Accord vun der LSAP.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Rapporteur Yves Cruchten.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen.

#### Discussion générale

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur, dem Här Cruchten, Merci fir déi Explikatiounen, déi e ginn huet. Mir si vum Prinzip hier der Meinung, datt Fräihandelsaccorde respektiv Accorden iwwert d'Protektioun vun den Investissementer wichteg sinn a richteg sinn, iwwerall do, wou se méiglech sinn.

Hei hu mer et natierlech mat engem Land ze dinn, wat och net e Land ass, dat den demokratesche Prinzipie vun eise westlechen Demokratien entsprécht. An dofir ass ëmmer d'Fro, ob ee mat esou Länner Fräihandelsaccorde mécht. Dat war och eng laang Diskussioun sengerzäit, wéi et am Europaparlament ugeholl ginn ass.

Et ass dofir wichteg gewiescht, datt déi Krittären, déi an deenen Accorden hei stinn, och kloer an däitlech sinn, éischens d'Krittäre vun der Nohaltegkeet op där enger Säit, d'Krittäre vun der Good Governance op där anerer Säit, an och nach eng ganz Rei Krittären iwwert d'Aarbechtsrecht, déi hei fixéiert sinn, a wéi den Här Cruchten mat Recht richteg gesot huet, och de Suivi vun de Progrèsen, déi am Kader vun deene Rechter gemaach ginn. An do kann ee feststellen, datt effektiv schonn déi eng oder aner Progrèsen an der leschter Zäit gemaach gi sinn, an dat ass dat, wat fir eis wichteg ass. Wéi gesot, e Land, wou mer och Kooperatiounsprojete säit laange Joren hunn a wouvun e groussen Deel mat vill Succès ofgewéckelt ginn ass.

Dat gesot, gi mer den Accord zu dësem Projet als CSV-Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Wiseler. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Gusty Graas.

**M. Gusty Graas (DP)** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Vietnam huet jo eng ganz

beweegt Vergaangenheet hanneru sech. Duerfir ass et ëmsou méi ze begreifen, datt dat Land sech elo awer lues a lues, an de leschte Joerzénge, kann ee sech soen, an eng aner Dimensioun entwéckelt huet. Ech mengen, et ass, wéi virduen schonn hei richteg bemierkt ginn ass, natierlech e Land, wat net onbedéngt deene Krittären entsprécht, wéi mir eis dat a Rechtsstaate virstellen. An trotzdeem soll een awer de Kontakt mat dem Vietnam sichen.

Ech wëll virun allem op zwee Punkten hiweisen, déi awer an deem Ofkommes hei ervirsteichen. Dat ass éischens emol de Règlement des différends. Ech mengen, dat ass jo dat, wat ëmmer an deenen Ofkommessen zu villen Diskussiounen gefouert huet. Ech erënneren un de CETA, ech erënneren un den TTIP. Hei ass dat awer elo duerch eng speziell Juridictioun gutt gereegelt. An dat Zweet ass, datt jo awer och deem Volet „développement durable“ soll méi Rechnung gedroe ginn. Ech hoffen, datt et net just nëmme bei flotten Absichtserklärungen bleift, mee datt sech do awer och an der Praxis dann eppes méi konkret wäert doen.

Et dierf een net vergiessen, datt mir mam Vietnam ganz enk Relatiounen haten, wat d'Kooperatioun ubelaangt. Mir haten dräi PICen (ndlr: Programmes indicatifs de coopération). Elo entre-temps ass de Vietnam natierlech keen Zilland méi, mee wat awer net soll heeschen, datt mer net weiderhi sollen eng enk Relatioun mat deem Land fleegeen.

An ech hu kee Problem selbstverständlech, deen Accord vun der DP ze ginn, a soen awer och nach dem Yves Cruchten Merci fir déi verschidde Rapporten. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Graas. Da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Stéphanie Empain.

**Mme Stéphanie Empain (déi gréng)** | Villmools merci, Här President. Ech géif och fir unzefänke gären dem Yves Cruchten als Rapporteur hei villmools Merci soe fir säi Rapport.

Et ass elo scho villes gesot ginn. Ech wollt just eeben nach eng Kéier drop hiweisen, mir haten déi Diskussioun jo och schonn am Kader vum Accord mat Singapur zum Beispill. Hei geet et notament och drëm, dass déi Standarden am Arbitrage verbessert ginn, also besser si par rapport zu deem, wat bis elo Standard ass. Den Handel soll och mat Länner funktionéieren, och wa se keng – ech soen emol – „lupenrein“ Demokratie sinn, och wa mer nach Problemer erkennen. Dat ass jo kee Grond, fir den Handel komplett ofzesoen. Au contraire! Mir sollen Handel bedreiwene, mee mat Standarden.

Mir solle Standarde setzen. Dat ass dat, wat heimadder och soll gemaach ginn. Dat ass och dat, wou ech mech elo géif uschlëssen un dat, wat den Här Graas gesot huet: dass et eebe wichteg ass, dass et do net just bei Absichtserklärungen um Pabeier bleift, mee dass dat sech an der Realitéit och esou dann entwéckelt.

Wat awer och wichteg war, an dat war en Ajout, dee mer gemaach krute vun der Madamm Wiseler an der Kommissioun, déi eeben och drop higewisen huet, dass d'EU-Mënscherechtskommissioun, wou si selwer och dra vertrueden ass, hiren Ok dozou ginn huet, ënner anerem och, well mer mat deem heite System dann elo och Recoursméiglechkeete fir d'Leit aféieren, wat et virduen an där Form net gouf.

Dofir ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun. Villmools merci!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Empain. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, villmools merci, an natierlech och e grouse Merci un den Här Cruchten fir e ganz kompletten an interessante Rapport. Et ass elo esou, datt mir selbstverständlech och als ADR déi Handelsbeziéunge ganz héich usetzen a frou sinn, datt mer kënne mam Vietnam do eis Kooperatioun intensivéieren opgrond vun enger gudder legaler Basis.

Mir wäerten eis trotzdem bei dësem Projet enthalten. An ech verweisen do einfach op eis Argumentatioun am Dossier mat Kanada, wou mer jo scho gesot haten, datt mir eng aner Approche hunn, wat déi souverän Rechter vun de Staaten ugeet an deenen Negociatiounen. Déi Positioun behale mer bäi, aus prinzipiellen Iwwerleeungen. Mee fir elo stëmme mir awer sécher net géint dee Rapport, dat fir ze ënnersträichen, datt eis och déi Relatioun mam Vietnam ganz um Häerz leien. Dat erkläert eis Abstentioun.

Villmools merci!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An da ginn ech d'Wuert un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Här President, léif Kolleeg/innen, virun e puer Joer sinn a ganz Europa an och hei zu Lëtzebuerg Dausende vu Leit op d'Strooss gaange géint déi ultraliberal Fräihandelspolitik vun der Europäescher Unioun. Deemools huet sech de Protest virun allem géint den TTIP an de CETA gericht, an ee vun den Hauptkritikpunkte waren déi onsäglech Schidsgerichter, wou Multinationale kënne géint demokratesch Decisiounen vu souveräne Staate kloen.

Zwee Joer nodeems d'Majoritéit hei matten am Confinement, Dir erënnert Iech, de CETA duerch d'Parlament gejet huet, wäert se mat dësem Projet de loi viraussichtlech erëm en neit Investitiounsoffkommens mat Schidsgerichter ratifizéieren, dës Kéier mam Vietnam. Iwwert dee ganze Fräihandelsaccord, deen dozou gehéiert, brauch jo mëttlerweil just nach d'Europaparlament ofzestëmme. An dat arrangéiert heibanne wuel esou munchereen.

Et ass wierklech eng eenzeg Hypokrisie vun der EU, well si firt genee no deem ale Muster weider, egal ob d'Leit dergéint sinn oder net. „Mir müssen d'Europäesch Unioun méi no bei d'Leit bréngen“, heescht et ëmmer erëm, an: „Mir müssen de Biergerinnen a Bierger méi nolauscheren“, héiert een ëmmer erëm. Mee et sinn alles nëmmen eidel Wieder. Wann et ëm de Profit geet, dann ass erëm alles vergiess!

Dës Parallel just awer fir d'Multinationellen huet schon immens vill Misär mat sech bruecht. D'Staate gi verklot, well se d'Energietransitioun wëlle weiderbréngen oder well se eng ambitiéis Gesondheitspolitik wëlle maachen. D'Regierungen traue sech net méi, gewësse Politicken ëmzesetzen, aus Angscht, vun enger Multinationall op Milliarden Euro Schuedenersatz verklot ze ginn.

D'Rechtsstaatlechkeet gëtt domadder weeder an der EU nach am Vietnam verbessert. Au contraire! A firwat raumt d'Politik de Multinationellen iwwerhaupt esou Privileegien an a knuebelt sech selwer? Just well d'Multinationale behaupten, se géifen duerno méi investéieren.

Et gëtt an der wëssenschaftlecher Literatur kee Beweis, dass déi Investitiounsaccorde mat deene Schidsgerichter zu méi Direktinvestitiounen oder souguer zu méi Aarbechtsplaze géife féieren. Am Contraire, si féieren natierlech virun allem zu Delokalisatiounen an Niddreglounlänner an dohannen zur Ausbeutung vu lokalen Aarbechterinnen an Aarbechter an natierleche Ressourcen.

Här President, dës Zort vun Accorde si moosgeschneidert op d'Besoinen vun de grouse Multinationellen. Si erlaben de grouse Konzern, Filialen op alle Kontinenter anzeichten, jee nodeems, wou se kënne e puer Cent op de Salairé spueren, oder jee nodeems, wou se kënne vun niddregen Ëmwelt- a Sozialstandarde profitéieren. Esou kënne se op der ganzer Welt Regierungen an d'Aarbechter an d'Aarbechterinne géinteneen ausspillen!

D'Produkte maache während der Fabrikatioun dräimol den Tour ronderëm d'Welt, éier se beim Consommateur ukommen, an dreiwegen domadder de Klimawandel weider un. Alles just, fir de Profit vun den Aktionären an d'Luucht ze dreiwegen!

Haut, zwee Joer no der Pandemie an de geopolitische Verwerfungen, déi mer kennen, gëtt dësen ekonomesche Modell ëmmer méi a Fro gestallt. „Resilienz vun de Liwwerketten“, heescht et jo iwwerall, an: „Mir dierfen net méi esou ofhängeg si vun den asiatesche Fabricken“, héiere mer och ëmmer erëm. Abee, heimadder votéiert d'Chamber erëm eng Kéier genee de Contraire. Mir wäerten dat sécherlech net matstëmme!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt och e grouse Merci vu mir un de Rapporteur Yves Cruchten fir den ausféierleche Rapport. Trotzdem, 2020 huet d'EU dëse Fräihandelsaccord mam Vietnam ofgeschloss, an dës war vun europäescher Säit u sech un eng ganz Retsch Konditiounen gebonnen. Ënner anerem sollt d'Aarbechtsrecht u verschidden internationalen Traitéen vun der OIT ugepasst ginn. A wien op d'Geschicht ageet, dee weess, datt aacht Joer laang un dësem Accord geschafft ginn ass. Leider huet sech d'Situatioun, an dat muss ee soen, „leider“ huet sech d'Situatioun am Vietnam an dës Joren awer net nennenswäert verbessert!

D'Piraten am Europaparlament hate sech beim Vott géint dësen Traité ausgeschwat, dës, well mir wuel wëlle Länner wéi de Vietnam doranner ënnerstëtzen, fir kënne um weltwäite Maart Fouss ze faassen, an eis Relatiounen mam Land wëlle verbessern, mee: D'Fuerderung vum Europaparlament an der Kommissioun goufen net all erfëllt!

D'EU hat d'Land opgeruff, fir d'Versammlungsfräiheet, d'Meenungsfräiheet an d'Schafe vun onofhängege Gewerkschaften am Code pénal ze integréieren. Dës Fuerderungen ass net nokomm ginn! Et gëtt nach ëmmer keng onofhängege Gewerkschaften am Land a Journalistinnen a Journaliste ginn nach ëmmer ënner Virwänn festgeholl. D'EU huet den Accord dann am Februar 2020 ofgestëmmt, a säitdem si weider Journalisten an Aktiviste wéi d'Pham Doan Trang festgeholl a verurteilt ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir wënschen eis, datt d'EU konsequent un hire Fuerderunge festhält, konsequent zu hire Fuerderunge steet, déi am Virfeld vun esou engem Accord festgehale ginn, an datt d'Memberstaate sech herno net mat manner zefridde ginn!

Dësen Accord ass vun den EU-Memberstaaten net ausräichend genotzt ginn, fir d'Rechter vun de Leit am Vietnam ze stäerken an aus dem Land e verlässleche Partner ze maachen, wat d'Mënscherechter ugeet. An duerfir wäerte mir Piraten dës Fräihandelsaccord net matstëmme.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Also ech géif mengen, dass deen Accord mam Vietnam, dee jo 2020 ënnerschriwwen ginn ass, eppes ass, wat d'Lëtzebuurger Regierung ënnerstëtzt. Mir wëssen, dass de Vietnam, jo, Réckschrëtter huet, wat d'Demokratie ugeet. A mir hoffen, dass mer duerch besser Kontakter, déi mer mam Vietnam kréien, och kënne hëllefen, fir déi Schinn do erëm ëmzedréien.

Ech weess, dass et hei am Haus, wéi op ville Plazen an Europa an der Zivilgesellschaft, e Problem gëtt, iwwerhaupt mat Handelsaccorden nach ze operéieren. Ech géif awer mengen, dass hei an der Europäescher Unioun e grouse Konsens war, fir mam Vietnam deen Accord do anzegoen.

Mir si jo elo amgaangen, mat anere Länner nach Handelsaccorden auszuschaffen. Et ass net iwwerall TTIP hannendrun, dat muss mer wëssen. Et ass och CETA hannendrun. An ech mengen, wat mer mat Kanada gemaach hunn, ass awer trotzdem ..., wann ee Kanada gesäit, d'Demokratie a Kanada gesäit, den Engagement vu Kanada och an der Aussepolitik fir d'Ukrain, wéi d'Kooperatioun mat eis an der Europäescher Unioun ass, dann, mengen ech, géif déi Debatt awer anescht verlaafen, wa se elo ze féiere wier mat Kanada.

An ech hoffen hei fir de Vietnam, dass mer dat Richtegt maachen. Ech si bal iwwerzeegt, dass mer et nëmme kënne verbessern.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Ausseminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7832. Den Text steet am Document parlementaire 7832<sup>4</sup>. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

### *Vote sur l'ensemble du projet de loi 7832 et dispense du second vote constitutionnel*

D'Ofstëmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. De Vott ass heimat ofgeschloss.

An de Projet de loi 7832 ass mat 58 Jo-Stëmme, 4 Nee-Stëmme an 2 Abstentiounen ugehall.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, dat geet net!

**M. Fernand Etgen**, Président | Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat geet net op.

**M. Fernand Etgen**, Président | Et ass also esou decidéiert.

### *(Interruptions diverses)*

Mir kommen elo zum nächste Punkt, dem Projet de loi 7942, engem Amendement ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President! Pardon, Dir hutt elo grad 58 zu 2 anoncéiert. Ech zielen an op den éischte Bléck mengen ech, datt mer net zu 58 sinn.

**M. Fernand Etgen**, Président | 48!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dir hat 58 gesot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | 58 hutt Der gesot.



**M. Fernand Etgen**, Président | Et ass 48. Pardon, pardon, pardon!

**Une voix** | Dat geet och net, da sinn ...

*(Brouhaha et concertation interne)*

**M. Fernand Etgen**, Président | 48-mol Jo, 4-mol Nee an 2 Abstentionen.

*(Brouhaha)*

Ech mengen, dat schéngt ze stëmmen. Ech widderhuelen nach eng Kéier: De Projet de loi ass mat 48 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen uegheoll.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff et Claude Lamberty ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : MM. Fernand Kartheiser et Fred Keup.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

## 14. 7942 – Projet de loi portant approbation de l'Amendement à l'article 8 du Statut de Rome de la Cour pénale internationale (fait d'affamer délibérément des civils), fait à La Haye, le 6 décembre 2019

Mir kommen elo zum nächste Punkt, dem Projet de loi 7942, engem Amendement zum Artikel 8 vum Statut vu Roum vum Internationale Gerichtshaff. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. A Rapporteur ass nach eng Kéier den honorablen Här Yves Cruchten.

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile**

**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Jo, merci nach eng Kéier, Här President. Et ass zwar en Zoufall, mee et passt eigentlech gutt an déi Debatt, déi mer haut gefouert hunn, dass mer och haut iwwert d'Raifikatioun vun deem Amendement schwätzen. An Dir verstitt gläich, firwat.

De Statut de Rome vun der Cour pénale internationale ass e Fundament vum internationale Recht. De 17. Juli 1998 zu Roum hunn d'Signataire d'Grundlag fir de permanenten Internationale Strofgerichtshaff zu Den Haag geschaaft. De Statut leet de Fonctionnement vun deem Internationale Strofgericht fest an definéiert d'Jurisdiction fir déi schlémmsten Doten.

Konkreet begrënn de Statut d'Gerichtsbareket fir d'Poursuite pénale vu Vëltermord, Verbrische géint d'Mënschlecheet, Krichsverbrichen a sougenannt Crimes d'agression.

Zanter Woche verdäitlechen déi schrecklech Biller vun der russescher Aggression an der Ukrain och eis hei an Europa, wat geschitt, wann en Agresseur sech iwwer internationaalt Recht ewechsetzt. Duerfir ass et grad elo vun héchster Bedeitung, dass mir eis Wäerter héichhalen a schützen. Mir dierfen déi grouss Erongeschafte vun der multilateraler Diplomatie net fir selbstverständlech halen. De Statut de Rome geet op joerzëngtelaang Beméiungen zrëck. E kodifizéiert ënner anerem d'Prinzipien, déi a sëllege Resolutionen vun der Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen festgehal ginn.

A wann et néideg ass, muss internationaalt Recht gestärkt ginn, esou wéi mir dat mam Gesetzesprojet 7942 haut maachen. Lëtzebuerg huet de Statut de Rome de 14. August 2000 approuvéiert a war domadder en Ënnerstëtzer vun der éischter Stonn. Mam Gesetz vum 27. Februar 2012 huet Lëtzebuerg och déi Doten, déi am Statut viséiert sinn, an nationaalt Recht ëmgasat.

Beim Gesetz, iwwert dat mer elo haut schwätzen, gëtt en Amendement vum Artikel 8 an dat nationaalt Recht transposéiert. Den Artikel 8 ass deen Artikel, deen d'Krichsverbrichen definéiert. A mat deem Amendement gëtt déi Definition erweidert. Dat heescht konkret, dass d'Aushéngere vun Zivilisten als Krichsmethod gëllt an d'Virenthale vun iwwerliewenswichtege Wueren e Krichsverbrichen duerstelt. Dozou zielt och e gezielt Verhënnere vun Hëllefleeschtingen.

Dësen Amendement ass op eng Schwäizer Initiativ zrëckzeféieren. D'Schwäiz hat proposéiert, d'Hongersnout als Krichsverbrichen ze consideréieren. Lëtzebuerg huet zu den éischte Länner gehéiert, déi dës Initiativ ënnerstëtzt hunn. An der néngter Séance plénière vun der Assemblée vun de Vertragsstaate gouf eestëmmeg fir d'Unhuele vum Amendement gestëmmt.

Eisen Ausseminister huet de 5. Januar dëst Joer de Projet de loi deposéiert. An den 8. Mäerz hat de Staatsrot säin Avis dozou ofginn. D'Kommissioun huet de Rapport den 13. Mee uegheoll.

Dëse Projet de loi reit sech an den Engagement vu Lëtzebuerg an, d'Stroffräiheet bei de schlémmste Verbrichen ze bekämpfen an de Respekt vum internationalen humanitäre Recht ze promovéieren. Mir confirméiere mat deem Text also d'Lëtzeburger Positioun als staarke Verdeedeger vun der internationaler Strofjustiz a vum humanitäre Völkerrecht.

Ech soen Iech Merci a ginn domadder den Accord vun der LSAP.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Rapporteur Yves Cruchten.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Claude Wiseler.

### Discussion générale

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech soen och dem Rapporteur Yves Cruchten villmools Merci fir säi mëndlechen a fir säi schrëftleche Rapport. Et ass evident, dass haaptsächlech an deenen Zäiten, wou mer haut sinn, mat all deem, wat momentan amgaangen ass ze geschéien, et wichteg ass, dass deen hei Text uegheoll gëtt an datt och dat do als e Verbrische kloer an däitlech an d'Texter ageschriwwen gëtt. Et ass fir eis eng Evidenz, dass mer et matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Wiseler. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Gusty Graas.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Also wann et den Internationale Strofgerichtshaff zu Den Haag net géif ginn, da misst en op alle Fall ganz séier erfirnt ginn a respektiv och installéiert ginn.

Ech mengen, dat hei ass zwar e ganz klengt Gesetz, et geet jo och praktesch nëmmen ëm ee Saz. Et muss ee sech awer d'Fro stellen: Firwat huet et esou laang gedauert, bis datt déi do Dispositioun elo och virgesinn ass, dass eeben d'Hongersnout, déi bewosst provoziert Hongersnout, och zu de Krichsverbrichen wäert gezielt kënne ginn?

Ech mengen, mir hunn de Mëtteg laang iwwert de Krich hei an Europa geschwat. An een, dee mat Sécherheet elo schonn d'Konditiounen erfëllt, fir ënnert deen do Artikel ze falen an och jugéiert ze ginn, dat ass ouni Zweifel de russesche President. Duerfir ass dat heiten eng ganz gutt Saach, iwwerfällg Saach, déi mir als DP nëmme begrësse kënnen.

An ech wëll awer och nach dem Yves Cruchten Merci soe fir déi verschidde Rapporten. Merci!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Graas. An da wier et un der Madamm Stéphanie Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Villmools merci och nach eng Kéier dem Rapporteur fir säi Rapport elo. Ech ka mech deem just uschlëssen, wann ee bedenkt, dass et dat ass, wat de Moment an der Ukrain geschitt. An ech denken do ganz speziell un Azovstal, Mariupol an esou weider. Dass dat net emol hätt kënnen esou geaandert ginn, wéi et elo virgesinn ass, dat wär mir emol net an de Kapp komm! Et ass gutt, dass mer dat doten elo an d'Texter eranhuelen.

An dofir ginn ech natierlech och den Accord vun der grénger Fraktioun, fir déi dote Changementer ze maachen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Empain. Da wier et um Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, ech wëll mech all deenen uschlëssen, déi dem Här Cruchten Merci soen an him felicitéiere fir dee Rapport. Ech brauch net ze ënnersträichen, wéi wichtig dat heiten ass. Ech freeë mech, dass mer hei eng Unanimitéit dorüwer hunn.

Ech kann awer och leider nëmmen nach eng Kéier bedauern, dass, wéi mir de Mëtteg proposéiert hunn an enger Motioun, d'Krichsverbrichen ze verfolge, d'ADR eleng derfir gestëmmt huet. Also et ass schonn heiansdo vläicht eng Diskrepanz tëscht Theorie a Praxis. Mir sti fir Kohärenz. Mir si fir Theorie a Praxis, wann et ëm Verbrische geet, fir déi ze verfolge, fir déi Schëlleg viru Gericht ze bréngen. An ech kann nëmmen hoffen ... Also, schéi wär et, wa mer net méi iwwer esou Fäll missten diskutéieren, well se net méi sinn, mee d'nächste Kéier, wann dat sollt sinn, a mir diskutéieren nach eng Kéier driwwer, da wär ech och frou, wa mer eis eens wäeren, dass Lëtzebuerg säi Bäitrag soll leeschten, fir dass déi Schëlleg kënne viru Gericht kommen.

Dat gesot, nach vläicht just eng Bemierkung: De Statut erlaabt nëmmen, souwäit ech mech erënneren – mee do kann den Här Cruchten mech korrigéieren, wann ech do sollt falschleien –, souwäit ech weess, ass et natierlech nëmme méiglech, Leit virun dat Gericht ze brénge bei Staaten, déi de Statut och ratifizéiert hunn. Dat ass bei enger ganzer Rei vu méi grouse Länner net de Fall, soudatt een och déi Tatsaach muss e bësse mat bedenken.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An da ginn ech d'Wuert un de leschten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, wann een dobaussen eng Ëmfro géif starten, ob d'Leit der Meenung sinn, datt et e Krichsverbrieche ass, wann e Regimm seng Leit virsätzlech verhongere léisst, géif eng grouss Majoritéit wuel Jo soen. Mir Piraten sinn duerfir frou, datt dëst dann elo och am Statut de Rome festgehalen gëtt an domat d'Basis fir Enquêtes a Verurteelungen vum Den Haager Gericht ausweid gëtt.

Wann een an dësen Zäite vu Krichsverbrieche schwätzt, dann huet dëst Thema hei an Europa am Moment erëm traureg Aktualitéit kritt. An ëmsou méi traureg ass et, datt et grad bei deem heite Gesetz e Land betrëfft, wat an der Vergaangenheet schonn eng Kéier Affer vu genau deem heite Krichsverbrieche u sech ginn ass.

Vill Leit erënnere sech net méi drun, mee den Holodomor, deem d'Sowjetunioun zwëschen 1932 an 1933 un der Ukrain verüübt huet, war genau dat: e wëllentlecht Verhongereloose vum eeben den Ukrainer. An an deem Kader hoffe mir natierlech, an ech hunn et virdru scho gesot, datt Verbrieche, déi och haut dann nach vum Nofollgestaat vum der Sowjetunioun, Russland, un der Ukrain begaange ginn a begaange goufen, kënnen opgekläert ginn an datt déi Schëlleg – an ech hu virdru gesot, wien a mengen Aen de Schëllegen ass, nämlech de Wladimir Putin un der Spëtzt – kënnen e Prozess zu Den Haag gemaach kréien.

Et ass net ze verstoen, wéi Mënschen anere Mënsche kënnen esou vill Leed undinn! Datt Regimier systematesch Minoritéite verfollegen, Vergewaltigung als Krichsmëttel genotzt gëtt an d'Mënschen absichtlech verhongere gelooss ginn!

Här President, Léif Kollegeinnen a Kollegen, mir gesi jo am Moment, wéi séier een erëm kann eng Zäit gesinn, wou Krichsverbrieche trauregen Alldag sinn. Duerfir soll eis als EU net nëmmen dru geleeë sinn, fir d'Lëscht vum de Krichsverbrieche auszeweiten, och sollte mir als EU konstant Efforten ënnerhuelen, fir datt esou vill wéi méiglech Länner de Statut ënnerschreiwen an dem Gericht zu Den Haag den néidegen Handlungsspillraum ginn.

Et mussen Efforte gemaach ginn, fir datt op d'mannst déi Länner, déi de Statut de Rome ënnerschriwwen, awer net ratifizéiert hunn, dësen endlech ratifizéieren. Den Internationale Gerichtshaff huet net an alle Länner dee beschte Ruff, eebe genau dowéinst. Vill afrikanesch Länner hate laang Zäit d'Gefill oder hunn et souguer nach, datt nëmmen hir Biergerinnen a Bierger, meeschtens Bierger, viru Gericht gestallt gi fir verschide Verbrieche, während awer d'Verbrieche um europäesche Kontinent onbemierkt vum Gericht geschitt sinn.

Och hei huet d'EU e Rôle ze iwwerhuele fir ze weisen, datt dëst net esou ass oder zumindest net méi esou ass, datt all Krichsverbrieche, och an den industrialiséierte Länner, sech zu Den Haag verantworten muss. E konstanten Effort, deem et net ze ënnerschätze gëllt.

Dat gesot, Léif Kollegeinnen a Kollegen, wollt ech nach profitéieren, fir dem Rapportier fir säin ausféierleche Rapport Merci ze soen. An ech ginn och de Support vun de Piraten fir dëse Projet.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Jo, merci dem Rapportier. An ech mengen, et ass eng gutt Saach, wat do gemaach gëtt, dass mer dat mat eranhuelen. An d'Regierung felicitéiert der Chamber, dass se eestëmmege dat dote wäert unhuelen. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Asselborn. D'Diskussion ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7942. Den Text steet am Document parlementaire 7942<sup>2</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7942 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi 7942 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmege ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. François Benoy), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 15. 7953 – Projet de loi portant approbation de l'Accord portant extinction des traités bilatéraux d'investissement entre États membres de l'Union européenne, signé à Bruxelles, le 5 mai 2020

Mir kommen elo zu dem leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, dem Projet de loi 7953, engem Accord iwwert d'Ofschaffung vu bilateralen Investissementstraitéen tëscht den EU-Memberen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapportier an dat ass den honorabelen Här Yves Cruchten.

## Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. De Projet 7953, deem den 19. Januar vun dësem Joer deposéiert ginn ass, besteet aus engem Article unique, deem en Accord tëscht EU-Memberstaaten an nationaalt Recht ëmsetzt. Et geet ëm den Accord, deem de 5. Mee 2020 zu Bréissel vun 23 EU-Memberstaaten ënnerschriwwen ginn ass an deem all bilateral Traités d'investissement vun dëse Länner op en Enn bréngt.

Ech ginn eng Kéier ganz kuerz drop an, wéi et zu dësem Accord komm ass a wat d'Konsequenze fir Lëtzebuerg a fir d'Europäesch Unioun sinn.

De 6. Mäerz 2018 huet den Europäesche Gerichtshaff en Urteel an enger Affär tëscht der Assicuragessellschaft – ech mengen, si heescht „Achmea“ – an dem slowakesche Staat getrafft. Am sougenannten „Achmea-Urteel“ huet den Europäesche Gerichtshaff festgestallt, datt Schidsklauselen, also Clauses d'arbitrage, déi an de bilateralen Traitée virgesi sinn, net kompatibel si mam EU-Recht. Deem Urteel no géifen d'Schidsklauselen d'Autonomie vum Gemeinschaftsrecht verletzen. Duerfir hunn déi meescht Memberstaaten d'Decision geholl, hir bilateral Traités d'investissement op eng koordinéiert Manéier allegueren opzehiewen.

De 5. Mee 2020 ass dësen Accord vun 23 Memberstaaten ënnerschriwwen ginn. Eng Partie Länner, an zwar Éisträich, Schweden a Finnland, hu fir sech decidéiert, déi respektiv Traitée eenzel op en Enn ze bréngen. Irland par contre hat guer keng dëser Traitéeen.

Lëtzebuerg an déi 22 aner Memberstaaten hunn et méi effikass fonnt, de Wee vun engem plurilaterale Accord ze fueren. Dësen Accord ass dann den 29. August 2020 a Kraaft getrueden. Fir Lëtzebuerg heescht dat konkret, datt 13 bilateral Investissementstraitéeen op en Enn kommen. All dës Traitéeen war Lëtzebuerg am Kader vun der Union économique belgo-luxembourgeoise agaan.

Ech géif och gär ernimmen, datt Lëtzebuerg bei der Signature vum Accord eng Deklaratioun ofginn huet, déi d'Europäesch Kommissioun dozou opriff, esou séier wéi méiglech d'Hiewelen a Beweegung ze setzen, fir eng vollstänneg, zolidd an effikass Protektioun vun allen Investissementen an der EU ze garantéieren.

No Consultatiounen huet d'Kommissioun annoncéiert, virum Enn vun dësem Joer eng legislativ Propos ze maachen, fir e Kader fir de Schutz an d'Vereinfachung vun dësen Investissementen virzeleeën. Um europäeschen Niveau hunn also d'Affär Achmea an den doraus resultéierenden Accord méi Kloeerheet geschaaft. Den Accord féiert zu enger Harmoniséierung a Verbesserung vum Rechtsstaat, deem essentiel ass fir déi ekonomesch Entwécklung.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn den Accord vun der LSAP.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Rapportier Yves Cruchten.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass nach eng Kéier den honorabelen Här Claude Wiseler.

### Discussion générale

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Hei nach eng Kéier dem Här Cruchten merci fir säi Rapport. Hien huet dat gutt beschriwwen. Ech fannen, datt et och richtig ass,



datt d'Lëtzebuerger Regierung decidéiert huet, de Wee vun deem gemeinsamen Accord hei ze goen an net den individuelle Wee ze goen, well ech mengen, datt et eis effektiv weesentlech méi Rechtssécherheet gëtt.

Et ass och evident, datt mer dësen Text wäerte matstëmmen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Wiseler. An d'Wuert ass fir den honorabelen Här Gusty Graas.

**M. Gusty Graas (DP)** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, hei ass e gutt Beispill, dat weist, wéi wichteg et ass, datt een an engem Rechtsstaat leeft a staark Juridictionen huet. Dat Urteel hei huet ganz wichteg an och immens Konsequenze mat sech bruecht, déi mer natierlech awer gäre respektéieren.

Ech brénge selbstverständlech den Accord vun der DP a wëll dem Yves Cruchten awer och nach eng Kéier Merci soe fir déi zwee Rapporten. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Graas. An d'Wuert ass elo fir déi honorabel Madamm Stéphanie Empain.

**Mme Stéphanie Empain (déi gréng)** | Villmools merci, Här President. Och vu mir nach eng Kéier merci un den Här Cruchten fir säi Rapport. An der Kommissioun hat ech nach eng Kéier nogefrot, wat elo am Fong geholl d'Virdeeler respektiv d'Nodeeler wiere par rapport zu den individuellen Accorden. A bon, nieft der méi grousser Rechtssécherheet, déi mer effektiv elo hunn, war eng Erklärung oder een Argument, wat awer och ganz kloer hei derfir schwätzt, dass mer dann amplaz vun x Gesetzter elo hei eng Kéier ofstëmmen. Ech mengen, dat facilitéiert eis Tâche och enorm an domadder ass eis alleguerten dann och gutt gedéngt.

An deem Sënn ginn ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Empain. Dann ass d'Wuert fir den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, villmools merci, Här President. Ech hunn d'Gefill, datt den Här Cruchten eng Erfolgsserie haut huet, wéi e se seelen huet, mee déi ech em awer gär gënnen. An ech wollt just soen, dass natierlech ... En huet dat ausgeféiert, dat huet alles seng Logik. Et wär eis just léiwer gewiescht, mir hätten en neien europäeschen Text, ier mer déi aner ofschafen. Et ass eng Fro an der Sequenz hei, déi eis stéiert. Mir schafen u sech Rechtsschutzinstrumenter of, ouni eppes amplaz ze hunn.

An eisen Ae wär et méi logesch gewiescht, mir hätten en neien Text an dann hätte mer déi al ofgeschaaft. Dofir, mir si mam Prinzip d'accord, awer wéinst dësem Problem an der Sequenzierung vun den Texter wäerte mer eis haut enthalen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat Gesetz, wat mer hei stëmmen, kënne mir a priori matdroen, well mer jo Fräihandelsaccorde skeptesch gesinn a spezifesch och den Investitionsschutz kritischesch gesinn. Mee dëse Vertrag, dee mer haut stëmmen, klammert awer den Energiecharta-Traité aus.

Mir hunn och e weéneeg eng aner Liesaart vun deem Achmea-Arrêt oder vun där Jurisprudence, well eisen

Informationen no ëmmer nach de Risiko besteet, dass een awer kéint eng Poursuite gemaach kréien, well eeben déi Arbitren, déi Jugen u sech vun deene Schiedsgerichter net onbedéngt déi Decisiounen vun der Cour de justice respektéieren an applizéieren, eeben och duerch de Fait vun den Delokalisatiounen, dat heescht vun de Filialen ausserhalb vun der Europäescher Unioun.

Dofir wéilt ech e puer Wuert soen zum Energiecharta-Traité, deen en eenzege Skandal ass. Dësen Traité hënnert déi ekologesch a sozial Transition hin zu enger méi inklusiver, nohalteger a resilienter Gesellschaft. Privatfirmen kënne Regierungen ukloen, wa si Gesetzgebung stëmmen, déi deene Firmen hir potenziell Profitte a Fro stellen. Et ass total geckeg!

Mir sti viru risegen Eerausforderungen, dat muss ech Iech net soen: Klimakris, Energiekris, Biodiversitéitskris, sozial, ekonomesch Ongläichheeten, déi eng, déi ëmmer méi räich ginn, déi aner, déi ëmmer méi aarm ginn, an domat sozial Spannungen an Exklusioun an alles, wat domadder kënnt. An do, wou mir eis, do wou d'Regierung sech misst d'Mëttele gi fir ze reguléieren, fir déi Excèsen, déi Abusen ze encadréieren an ze limitéieren, do wou d'Regierung solle Gesetzter stëmmen, fir déi Klimakris, Energiekris a Biodiversitéitskris Meeschter ze ginn, do kënnen Energiefirmen dës Regierungen virun deene spezielle Gerichter verkloen. Ma et freet ee sech, wien d'Soen huet. Wien ass de Regulateur hei? Mir kënnen d'Muecht dach net einfach esou ofginn! Wie si mir Regierungen, déi d'Muecht, d'Verantwortung einfach esou ofginn!

Derbäi kommen natierlech nach déi rezent Léieren – wa mer da Léieren aus der Covidkris an aus dem Ukrainkrich gezunn hunn –: Mir musse fortomme vun de fossilen Energien, méi onofhängeg ginn an der Produktioun, méi lokal produzéieren a schéffen. A mir brauche virun allem staark öffentlech Servicer. An dofir brauche mer finanziell Mëttele.

A mir brauche virun allem eppes net: vun enger privater Boîte, déi mat fossilen Energië Profit wëll maachen, ugeklot ze ginn! C'est le monde à l'envers! Lëtzebuerg soll direkt aus deem Traité erausklammen!

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Merci och dem Yves Cruchten. Et ass alles heizou gesot a mir ginn eisen Accord.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** | Jo, d'Regierung seet och dem Här Yves Cruchten Merci fir dee ganze Mëtteg, déi Rapporten, déi einwandfrei waren. An d'Regierung ralliéiert sech der grousser Majoritéit vun der Chamber. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Ausseminister.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7953. Den Text steet am Document parlementaire 7953<sup>2</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7953 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi 7953 ass mat 53 Jo-Stëmmen bei 5 Abstentionen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7953 est adopté par 53 voix pour et 6 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Félix Eischen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff et Claude Lamberty ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

Mmes Myriam Cecchetti (par Mme Nathalie Oberweis) et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber ...

(Interruption)

### 16. Motion de M. Yves Cruchten concernant le renforcement des relations économiques, scientifiques et culturelles avec l'île de Taïwan

A, den Yves Cruchten wëll nach eng Motioun deposéieren.

#### Dépôt et exposé

**M. Yves Cruchten (LSAP), auteur** | Merci, Här President. Ech verspriechen Iech och, dass ech et net laang maachen. Dat heiten ass eng Motioun, déi sech ëm den Taiwan dréit. An Dir kënnt Iech warscheinlech alleguerten drun erënneren, deen een oder anere Kolleeg huet schonn hei an der Chamber de Sujet vum Taiwan ugeschwat, ech mengen, den Här Clement, den Här Kartheiser, d'Madamm Empain ..., an ech hunn der bestëmmt nach vergiess.

An déi leschte Kéier, wéi mer driwwer rieds haten, hat ech mech engagéiert als President vun der aussepolitesser Kommissioun, dass mer dat nach eng Kéier géifen an der Kommissioun behandelen. Dat hu mer gemaach, zesumme mat eisem Ausseminister, a mir sinn och dunn zesummen eis eens ginn, fir eng

gemeinsam Motioun ze proposéieren, déi mer Iech haut zur Ofstëmmung géife wëllen ënnerbreeden an déi och vun all de Parteien hei an der Chamber matgedroe gouf. An doriwwer sinn ech ganz, ganz frou a géif Iech gären duerfir e grouse Merci soen.

Ech soe ganz séier, ëm wat et geet. Et geet natierlech drëms, fir eis Relatioun mat Taiwan, ob dat ekonomescher, kultureller oder wëssenschaftlecher sinn, ze verdéieren an ze verbesseren. Et geet awer och drëm, an dat ass net onwichtig, eng Participatioun vun Taiwan ze ënnerstëtze bei den technesche Reunione vun der OMS, der Organisation mondiale de la santé, an zwar als Observateur. A mir engagéieren eis awer och fir de Statu quo am Déroit de Taiwan an natierlech fir d'Bäibehale vum Friden an der ganzer Region vum Indopacifique.

## Motion

La Chambre des Députés,

– notant la stratégie de l'Union européenne pour la coopération dans la région indopacifique du 16 septembre 2021 et la recommandation du Parlement européen relative aux relations politiques et à la coopération entre l'Union européenne et Taiwan du 21 octobre 2021 ;

– rappelant la politique d'une seule Chine du Gouvernement luxembourgeois ;

– notant les bonnes relations économiques, scientifiques et culturelles que le Luxembourg entretient dans ce cadre

avec Taiwan, notamment via le Luxembourg Trade & Investment Office à Taipei ;

– saluant l'engagement de Taiwan en faveur de la démocratie, des droits humains et de l'état de droit ;

– considérant que les efforts déployés par Taiwan pour enrayer la propagation du coronavirus se sont révélés efficaces et que Taiwan a démontré sa volonté de contribuer activement, à plusieurs niveaux, au bien commun de la communauté internationale au cours de la pandémie, notamment par des études internationales ;

– remerciant Taiwan pour une série de dons de masques chirurgicaux aux pays touchés par la pandémie de Covid-19 au printemps 2020 ;

– exprimant sa vive préoccupation à l'égard des tensions croissantes dans le détroit de Taiwan,

invite le Gouvernement

– à continuer de renforcer les relations économiques, scientifiques et culturelles avec l'île de Taiwan dans le cadre de sa politique d'une seule Chine ;

– à soutenir la participation effective de Taiwan aux réunions techniques de l'Organisation mondiale de la santé (OMS) en tant qu'observateur ;

– à s'engager en faveur du statu quo dans le détroit de Taiwan et en faveur du maintien de la paix et de la stabilité dans la région indopacifique, qui demeure un intérêt

fondamental pour l'Union européenne et ses États membres.

(s.) Yves Cruchten, Sven Clement, Stéphanie Empain, Gusti Graas, Fernand Kartheiser, Nathalie Oberweis, Claude Wiseler.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Cruchten.

Kënn mer iwwert dës Motioun an main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

## Vote sur la motion

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugehol.

Domadder si mer elo awer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt den Donneschdeg um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 21.05 heures.)

# 54<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 68

M. Fernand Etgen, Président

### 2. Heure de questions au Gouvernement ..... p. 68

**Question n° 311 du 19 mai 2022 de M. Marc Lies relative aux différentes phases de construction de la nouvelle N3, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics ..... p. 68**

M. Marc Lies | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 312 du 16 mai 2022 de M. Max Hahn relative aux nuisances occasionnées par l'installation de colonies d'oiseaux dans des zones résidentielles, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable ..... p. 69**

M. Max Hahn | Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

**Question n° 313 du 19 mai 2022 de M. Jeff Engelen relative aux périodes de repos des pilotes, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics ..... p. 70**

M. Jeff Engelen | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 314 du 18 mai 2022 de M. Dan Biancalana relative aux agressions sexuelles à l'aide de la drogue du viol, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure ..... p. 70**

M. Dan Biancalana | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure

**Question n° 315 du 17 mai 2022 de M. Sven Clement relative à la légalisation du cannabis, adressée à Mme la Ministre de la Justice ..... p. 71**

M. Sven Clement | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

**Question n° 316 du 19 mai 2022 de Mme Djuna Bernard relative au nombre de formulaires soumis pour obtenir la prime énergie pour ménages à faible revenu présentée**

**le 28 février 2022, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration ..... p. 71**

Mme Djuna Bernard | Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

**Question n° 317 du 19 mai 2022 de M. Serge Wilmes relative aux propositions de M. Ministre de l'Énergie concernant des économies d'énergie, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics ..... p. 72**

M. Serge Wilmes | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 318 du 17 mai 2022 de M. André Bauler relative à la réorganisation de l'ORT-Nord, adressée à M. le Ministre des Classes moyennes et à M. le Ministre du Tourisme ..... p. 73**

M. André Bauler | M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes, Ministre du Tourisme

**Question n° 319 du 19 mai 2022 de M. Max Hengel relative aux délais d'attente actuels pour un rendez-vous auprès du service « médico-sportif », adressée à M. le Ministre des Sports ..... p. 73**

M. Max Hengel | M. Georges Engel, Ministre des Sports

**Question n° 320 du 18 mai 2022 de Mme Francine Closener relative à la pénurie d'enseignants dans l'enseignement secondaire, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ..... p. 74**

Mme Francine Closener | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Question n° 321 du 19 mai 2022 de M. Marc Lies relative à la mise en place d'un fonds de travaux obligatoire pour les copropriétés, adressée à M. le Ministre de Logement ..... p. 75**

M. Marc Lies | M. Henri Kox, Ministre du Logement



**Question n° 322 du 19 mai 2022 de Mme Octavie Modert relative aux travaux en vue de l'interdiction des interventions chirurgicales ou médicales en relation avec les organes sexuels d'un mineur incapable de discernement, adressée à Mme la Ministre de la Justice ..... p. 76**

Mme Octavie Modert | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

**3. Question élargie n° 147 de M. Marc Spautz au sujet des pistes d'amélioration de la work-life balance des salariés ..... p. 76**

M. Marc Spautz | M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

**4. Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement ..... p. 77**

M. Sven Clement

**5. 7886 – Projet de loi :**

**1° modifiant : a) le Code civil ; b) la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;**

**2° abrogeant la loi modifiée du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19 ..... p. 78**

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes et de la Commission de la Justice : M. Dan Biancalana

Discussion générale : M. Gilles Roth | M. Pim Knaff | M. François Benoy | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prises de position du Gouvernement : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | M. Paul Galles (parole après ministre) | Mme la Ministre Taina Bofferding

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7886 et dispense du second vote constitutionnel

**6. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des transports publics dans les régions rurales du Grand-Duché ..... p. 82**

Exposé : M. Aly Kaes

Débat : M. Max Hahn | M. Carlo Weber | M. Marc Hansen | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**7. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des défis auxquels doit faire face le secteur des transports ..... p. 87**

Exposé : M. Marc Spautz

Débat : M. Max Hahn | Mme Francine Closener | Mme Jessie Thill | M. Jeff Engelen (dépôt de la motion 1) | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prises de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes

Vote sur la motion 1 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferding, M. Lex Delles, M. Henri Kox, M. Georges Engel et Mme Joëlle Welfring, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. François Bausch**, Vice-Premier Ministre | Neen, Här President.

## 2. Heure de questions au Gouvernement

**M. Fernand Etgen**, Président | Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. De Froesteller huet zwou Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir drop ze äntweren.

Als Éischt hu mer d'Fro Nummer 311 vum Här Marc Lies un den Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten iwwert déi verschidde Konstruktions-etappe vun der neier N3. Här Lies, Dir Hutt d'Wuert.

**M. Marc Lies** (CSV) | Wéi geet dat hei an d'Luucht?

(M. Fernand Etgen aide M. Marc Lies à régler la hauteur du pupitre.)

Merci, Här President.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Organisateur vum Haus.

**M. Sven Clement** (Piraten) | O merci, Här President, Dir sidd ze gutt!

(Hilarité et brouhaha)

– **Question n° 311 du 19 mai 2022 de M. Marc Lies relative aux différentes phases de construction de la nouvelle N3, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**M. Marc Lies** (CSV) | Villmools merci, Här President. Mir gesinn, datt eise President hei an der Chamber

awer techesch begaabt ass. An duerfir him e ganz, ganz décke Merci, datt en hei derbäi gehollef huet. Also d'Pult stoung elo definitiv e bëssen niddreg. Duerfir merci, Här President.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hätt hei e puer Froen, déi ech wëllt un den zoustännege Baute-minister stellen. Et geet ëm d'Bauaarbechte ronderëm déi nei N3. Ma ech mengen de Minister weess, datt momentan do vill Aarbechte ronderëm geleescht ginn.

Bon, ech detektéieren an deene leschte puer Wochen, datt et am Süde vun der Stad Lëtzebuerg à ce stade extreem problematesch ass, wat d'Circulatioun, d'Mobilitéit ugeet. Et sinn iwwerall Stauen. Stauen, déi effektiv iwwert déi lescht Wochen a Méint esou net konnte festgestallt ginn. An duerfir hätt ech e puer Froen am Bezuch op d'Aarbechten, déi elo bei der neier N3 gemaach ginn, um Houwald.

Ech erklären eng Kéier kuerz d'Problematik, wat de Stau elo ënnen am Süde vun der Stad ugeet. Dat huet sécherlech méi Facetten. Et ass eng Kéier, datt d'Bauaarbechten um der A3 sinn, dat heescht un der Diddelenger Autobunn. Et sinn awer och Aarbechten am Rond-point Sandweiler an et sinn och Aarbechten um Houwald, wou de Rangwee zou ass. Dat féiert zu extreem grouss Perturbatiounen.

A well effektiv awer wichteg Aarbechten do gemaach ginn, och wat den effentlechen Transport ugeet, nottamment déi nei Tramsstreck, wou bis am September deen neie Pôle d'échange zu Bouneweg soll fäerdeggestallt ginn an duerno sollen d'Aarbechten och viru-  
goen ...

Duerfir meng Fro, wat déi Aarbechten um Houwald ugeet am Rangwee, vu datt en do gespaart ass. Déi Demande hate mer och scho viru Méint als Gemeng Hesper un d'Ponts et chaussées, fir eventuell mat der ITM ze kucken, fir iwwert d'Summerméint do kënnen ze schaffen. Den Delai bei der ITM, wat déi Demande ugeet, leeft elo den 30. Mee aus. Leider konnte mer an deene leschten Deeg de responsablen Ingenieur vu Ponts et chaussées net erreichen, obwuel ufangs des Joers awer gesot ginn ass, fir déi Demande

zesumme mat den Entreprises ze maachen ..., ob de Minister do vläicht effektiv kéint kucken, fir déi Demande ze maachen, datt déi Bauaarbechte kéinten exekutiert ginn.

An déi lescht Fro ass déi, vu datt d'Consultation publique ronderëm de Contournement d'Alzingen elo ofgeschloss ass, ob de Minister eis ka confirméieren, datt nach virun der Summervakanz dann deen definitiven Tracé ronderëm, wéi effektiv déi Strooss an Zukunft soll gebaut ginn, dann och wäert vum Regierungsrot decidéiert ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Lies. Den Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. A merci och dem Här Lies fir déi Fro. Dat erlaabt mer, eng Rei Prezisiounen ze ginn zu deem dach awer opwennegen, komplizéierte Chantier, deen de Moment am Südweste vun der Stad ass.

Ech mengen Dir wësst et: Dee ganze Projet beinhalt dräi Deeler. Deen een ass dee sougenannte „Module Nord“. Dee geet vu Bouneweg, op der Héicht, wou elo deen zweeten Arrêt vum Tram gebaut gëtt, bis op d'Gare centrale, also bis hannert de Pont Büchler. An dann hutt Der de Module Central. Dat ass déi ganz Verbreederung vun der Rue des Scillas. An da kënnt an der leschter Phas de Module Sud. Dat ass natierlech deen eigentleche Contournement vun Alzing an Hesper. Am Moment gëtt jo geschafft un dem Module Nord an um Module Central.

De Module Nord, dat heescht dat Stéck vun der Gare bis op Bouneweg, wäert am Hierscht gréisstendeels fäerdeggestallt sinn. An ech mengen, dat wäert och derzou féieren, datt natierlech d'Verkéisersproblematik scho weesentlech besser gëtt par rapport zu haut. Haut si mer an der komplizéiertster Phas.

An et huet sech bestätegt, wat ech och ëmmer e bësse gefaart hunn: Bei deene ganzen Émbauaarbechten,

déi mer an der a ronderëm d'Stad hunn, ass dee wierklech komplizéiertsten Deel an der Rue des Scillas an do ronderëm an deem Eck, well do eng Rei Saache beienne mussen gemaach ginn. Beispillsweis d'Veerleë vum der Drosbaach, d'Veergrëssere vum Rond-point Gluck, do vum Tunnel, dann och den Neibau vum deem Deel N3. Also dat ass extreem komplex. An dann deelweis jo och nach am Schinneberäich, am Trans..., also verschidde Komponenten, verschidde Chantieren, déi do zesummentreffen. Duerfir war dat ze erwaarden.

An ech wëll Iech just soen, datt et eleng um Deel vum der Gare centrale bis op Bouneweg erop eleng eefel Louse gewiescht sinn, déi do ausgeschriwwen waren, déi elo, wéi gesot, bis den Hierscht awer wäerte fäerdeg ginn, well den Tram geet jo och bis op Bouneweg op am September. Dat ass och confirméiert. A wa meng Erënnerung elo gutt ass, hu mer och en Datum fixéiert, an zwar den 10. September, wou en definitiv soll opgoen. An da sinn nach e puer Aarbechten ze maachen op deem Stéck. Dat geet bis an den Oktober, November eran. Dann ass et do fäerdeg.

Beim Module Central si mer elo natierlech an deem kriddelegsten Deel amgaang, also an der Rue des Scillas.

An op Är Fro mol hin, wat geschitt iwwert d'Summerméint ... Natierlech froe mer do un. Dat ass natierlech ëmmer komplizéiert. Dir wësst jo, datt ech schonn eng Kéier fir Ierger gesuergt hat, well ech eng Kéier eng Ausso gemaach hat iwwert de Congé collectif, woubäi, wéi ech dat deemools gesot hunn, et mir net drëms gaangen ass, fir de Leit hir Aarbechtskonditiounen ze verschlechteren, mee fir drop hinzewiesen, datt et, sou wéi mer et handhaben am Moment, net extreem optimal ass.

Dat heescht am Moment ass et esou, datt mir ... et ass emol net d'Ponts et chaussées, mee et ass de Bauhär ... Dat heescht, déi mussen alleguer, déi eenzel Entreprisë mussen hir Demande eraginn. A mir kréie meeschtens ganz spët Beschëed gesot, ob mer d'Autorisatioun kréien. Dat dauert dann ëmmer bis Ufank Juli. Dann huet een zwar nach eng kleng Recoursmëiglechkeet, mee dat ass extreem enk, well et muss ee sech jo och kënnen astellen. Och d'Entreprisë mussen den Aarbechter kënnen soen, déi dann och wëlle fräiwëlleg schaffen: „Hei, lauschtert emol, am August wäert der kënnen schaffen.“ Dir gesitt, dat ass alles immens enk openeen.

Also mir wäerte ganz sécher hei d'Demande maachen, fir datt mer och an de Summerméint kënnen op deene kriddelege Plazen do schaffen, well mer natierlech Zäit domadder gewannen. Dat ass evident. Eleng d'Op- an Ofriichte vum de Chantieren, Spärungen a sou weider, brauch ëmmer schonn eng bis zwou Wochen am Ufank, wann et ofmontéiert gëtt an herno erëm opgeriicht gëtt. Also am Gesamte verléiert ee gutt annerhallwe Mount fir ze schaffen.

Mir maachen déi Demande an dann hoffen ech, datt mer och do d'Autorisatioun dëst Joer kréien.

Dann den Tracé vum dem eigentleche Contournement. Effektiv ass den Avis vun der Gemeng jo erakomm. Den Dossier ass och elo entre-temps fäerdeg gemaach vum de Ponts et chaussées an elo kënn den lescht Etapp an der Autorisatiounsprozedur. Dat ass am Fong, datt dat Ganz nach eng Kéier esou un den Aménagement du territoire an un den Environnement geet. Déi kucke jo och, wat un Avisen erakomm ass. An da kréie mer do nach eng Kéier e leschten Avis zréck. An da geet dat an der Regierungsrout. Ech ginn awer dervun aus, datt dat awer éischter September/Oktobre wäert sinn.

Mee dat ass awer elo an der Prozedur kee Problem. Dat ass agerechent souwisou. Dat heescht, domadder

verléiere mer elo net gréisser Zäit. Dat heescht, de Regierungsrout wäert dann am Hierscht – Oktober loosse mer soen – déi definitiv Decisioun huele fir den Tracé. An da gi mer an déi nächst Etapp iwwer.

Mee mäin Objectif, ech hat Iech dee jo eng Kéier gesot, deen ass nach ëmmer, fir datt mer virum Enn vum dëser Legislaturperiod e Finanzéierungsgesetz an der Chamber kënnen stëmmen. Am Moment stëmmt dat och nach ëmmer, leie mer do nach ëmmer gutt. An ech hoffen, datt mer dat hikréien.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bausch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 312 vum Här Max Hahn un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung iwwert de Kaméidi, deen duerch d'Installatioun vu Vullekolonien a Wunnzone verursaacht gëtt. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 312 du 16 mai 2022 de M. Max Hahn relative aux nuisances occasionnées par l'installation de colonies d'oiseaux dans des zones résidentielles, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

**M. Max Hahn (DP)** | Jo, Här President, d'Wieder gëtt besser. Et zitt eis eraus. Mir maachen doheem gär d'Fenster op a sëtzen eis op eis Balcon, op d'Terrassen. Sief et bei eis doheem am Gaart, wa mer esou een hunn, oder op den Terrassen, fir dobaussen ze iessen. Dat ass awer nach laang net iwwerall agreeabel! Et ass op ville Plazen hei am Land eppes, an net nëmmen hei an der Stad Lëtzebuerg d'ailleurs, a ville Gemengen, wat engem d'Ophalen dobaussen zu enger richteger Plo mécht.

Nämlech d'Pandemien, ... nämlech d'Villercher, notamment d'Kueben, déi sech a Scharen an de Beem befannen, wat domat verbonnen ass, dass een en enormt Gejätz huet. Et ass zwar e Singvogel, de Kueb, sou gëtt e genannt, mee schwätzt emol mat Leit, déi an engem Entourage vun esou Kuebekolonie wunnen. Dat ass eng ganz, ganz grouss Plo. Déi ass net nei, mee si gëtt ëmmer méi schlëmm.

Firwat? Well vläicht och déi Vullenaart esou geschützt ass, fänkt se awer un – op d'mannst ass dat d'Gefill, dat ee ka kréien –, invasiv hei zu Lëtzebuerg ze ginn.

An duerfir wollt ech d'Ministesch froen, wat hei ënnerholl ka ginn, sief et op privater Säit, awer och vläicht vu Gemengen, déi och hei vum hire Bierger natierlech ëmmer staark sollicitéiert ginn, wat een hei ka maachen, fir de Leit op d'mannst e bëssen d'Liewensqualitéit zréckzeginn, woubäi och deelweis Existenzen um Spill stinn, wann zum Beispill Restaurateuren hir Terrassen net méi beluecht kréien oder och Leit, fir déi d'Valeur vum hiren Appartements, vum hiren Haiser terribel ofhëlt duerch eeben esou Kolonien, déi sech an der Ëmgegend niddergelooos hunn.

Dëst gesot, Madamm Ministesch, géif ech awer och nach vläicht gär vum der Geleeënheet profitéieren, Iech eng ganz, ganz glécklech Hand an Ärem neien Amt ze wënschen, well ech dann deen éischte sinn, deen d'Chance huet, Iech hei eng Fro ze stellen an dësem Haus.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Hahn. D'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Joëlle Welfring, huet d'Wuert.

An ech wëll si och ganz häerzlech fir hiren éischten Optritt hei an der Chamber begriessen.

**Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable** | Gudde Mëtteg. Grouss Eier, haut meng éischt Fro hei dierfen ze beäntweren. Merci fir dës Geleeënheet.

Erlaabt mer vläicht ganz am Ufank, dat Déier e bësse virstellen. Et geet hei ëm den Hierschtkueb, „Saatkrähe“ op Däitsch oder „corbeau freux“ op Franséisch. Et ass e klassesche Kulturfolger, dat heescht, e geet dem Mënsch no. Firwat geet en dem Mënsch no? E geet dohinner, wou de Mënsch wunnt, well en do ze friesse fënnt. A ganz oft stinn dann och nach héich Beem do. Dat heescht, dann nist e sech och do gären an.

Dat maache se awer nëmmen e puer Méint am Joer. Si liewe meeschtens vereenzelt an och verspreet an deenen anere Méint. Do fale se net esou op, well si fänken eréischt un, Kolonien ze bilden zwëschent Januar a Mäerz. A si fänken do och un, hir Näschter ze bauen.

Zwëschent Mäerz a Juni bréie se an da kommen déi Kleng dann aus den Näschter. Déi mussen gefiddert ginn an dann héiert ee se gutt, d'Elteren. An et héiert een natierlech och déi Kleng. An et mécht natierlech och Knascht a Kaméidi. Ech mengen, dat steet ausser Fro. An dass dat wierklech ganz ausseruerdentlech emol kann nerven, wann een do niewendru wunnt, dat steet och ausser Fro.

Sou, elo ass et awer esou, dass mer déi Déieren hunn a si sinn och EU-wäit geschützt. Firwat si si EU-wäit geschützt? Si waren hei bal ausgestuerwe virun enger Rei Joerzénngen. Si hu sech mëttlerweil erëm erholl duerch Bestand. EU-wäit si se awer nach ëmmer am Declin.

Dofir gëtt et dann och déi Oiseaux-Direktiv vun 2009, déi am Fong déi Aarten hei schützt. An dofir si se och europawäit geschützt, dat heescht, och hei zu Lëtzebuerg mussen mer eis un déi doten Dispositiounen halen.

A wéi gesot: De Bestand an de leschte Joren ass stabil bliwwen. Och wann een heiansdo mengt, et wäeren der méi. Dat ass vläicht doduerch, dass ee méi no wunnt an dat tatsächlech méi opfält an een och sech méi gestéiert fillt. D'Zielungen erginn, dass déi wierklech stabil sinn.

Sou, d'Fro ass natierlech elo ... Wa se geschützt sinn, dierf ee se natierlech och net stéieren, weeder wa se bréien – da scho guer net –, awer och soss net.

Et gëtt awer Derogatiounen, déi ee kann huelen. Grad wann et sanitär Problemer gëtt oder Sécherheetsproblemer, dat heescht ronderëm Schoulen, Spillplazen, Terrassen – Dir hutt se genannt –, da gëtt et Méiglechkeeten, Derogatiounen ze ginn opgrond vum Naturschutzgesetz. Do kann een eng Demande maache bei der ANF an da gëtt déi behandelt. Mir hunn eng Rei vun Derogatiounen an ginn iwwert déi lescht Joren. Dat ass also keen Ausnahmefall. A mir maachen dat, wann dat ausserhalb vum der Bréizäit da méiglech ass.

De Risiko – jo, dat ass leider keng Léisung, dat soe mer meng Experten – besteet awer doran, dass wann een déi Villercher stéiert op hirer Plaz, wou se dann amgaange sinn, sech néierzeloossen, da bilde se souze-soen Duechterkulturen. Et gëtt der dann net méi, mee si verbreed sech. Se siche sech aner Plazen an da si méi Leit gestéiert. An da gesäit et aus, wéi wann et der méi wäeren. Mee si siche einfach nei Standuerter. Dat ass natierlech de Risiko, wann een Eenzelléisung sieht, andeem een dann Äscht ofschneit oder Näschter, déi amgaange sinn, gebaut ze ginn, eraushëlt.

Dofir ass wierklech déi eigentlech beschten Approche éischstens emol preventiv, dass een natierlech



d'Déieren net fiddert, dass een hinnen och keng Friessgeleëenheete bitt, dat heescht, dass een d'Uertschafte soll méiglechst probéieren, propper ze halen, Dreckschëschen, déi am öffentliche Raum sinn, esou ze konzipéieren, dass se zou sinn.

An dann ass natierlech och nach ..., wann ee wierklech Ploen huet an do si mer natierlech mat vereenzelte Gemenge schonn amgaang ... Ech mengen, am Moment hu mer eng fénnef Gemengen, véier Gemengen, mat deene mer schaffen, dat ass, esou e Gesamtgestiounsplang ze huelen, bei deem ee kuckt: Wou können déi Haaptrisiken optrieden? Wou dierfe se sech am mannsten ophalen, fir d'Leit esou mann wéi méiglech ze stéieren? Wou kënne wierklech seriö sanitär Problemer ufalen? An dann och: Wou sinn d'Plazen, op deenen ee sech awer kéint virstellen, dass se kéinte bleiwen?

Dat heescht, et ass ganz wichteg, dass een och Léisung secht. An dat iwwert de gesamten Areal vun enger Gemeng. Et kann emol sinn, dass ee wierklech dem Problem andauernd noleeft, dee sech dann och nach an der Fläch verbreet.

Dat wär en gros dat, wat ech Iech haut wollt hei zu där doter Saach soen.

Et ass nach esou, dass mer och am Echange sti mat Gemengen. Mir hunn net méi spët wéi elo Ufank Juni eng Entrevue mat der Stad Lëtzebuerg, déi amgaangen ass, hire Gestiounsplang auszeschaffen. An et gëtt eng Rei aner Gemengen och, notamment am Süden, déi amgaange sinn, e Gestiounsplang auszeschaffen. Mir stinn do am Echange. Voilà!

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Joëlle Welfring. Dat war eng Punktlandung!

Mir kommen elo zur Fro Nummer 313 vum Här Jeff Engelen un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentliche Aarbechten iwwert d'Rouzäit vun de Piloten. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 313 du 19 mai 2022 de M. Jeff Engelen relative aux périodes de repos des pilotes, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**M. Jeff Engelen (ADR)** | Merci, Här President. D'Äntwert vum Här Transportminister op meng Fro mat der Nummer 5768, berücksichtegt net déi rezent Uschëllegung vu Pilote vu Qatar Airways, déi sech iwwer ze vill laang Aarbechtszäiten an ze kuerz Rouzäite beschwéieren.

Dat ass jo keng Klenggeheet a wuel eppes, woufir op eisen Autobunne bei Camionschauffere jo reegelméisseg Kontrolle gemaach ginn an domadder och d'Gefierer, jee nodeem, immobiliséiert ginn.

De Minister rappeliert a senger Äntwert, dass den Open-Skies-Agreement tëscht der EU an dem Katar nach net vun der Chamber ratifizéiert ginn ass. Duerfir ergi sech da fir eis folgend Froen:

Sinn déi Inspektiounen, déi de Minister opzielt an déi d'Sécherheetskonformitéit vu Qatar Airways solle beleen, op d'Fligere vun der Gesellschaft begrenzt oder ginn och d'Aarbechtskonditiounen vun de Besatzungen kontrolléiert?

Ass deene vu Besatzungen a fréiere Besatzungen formulierten Uschëllegungen zu Lëtzebuerg an op EU-Niveau nogaange ginn?

Drëtt Fro: Ass eng Ratifizéierung vum Open-Skies-Agreement mat Qatar Airways net liichtfankeng, soulaang d'Behauptungen vun dësen Insider, wat d'Iwwermiddung vun de Besatzungen ugeet, net opgekläert sinn?

Véiert Fro a lescht Fro: Gedenkt den Här Minister, der Chamber d'Ratifizéierung vum Vertrag ze ënnerbreeden, ouni dës Virwërf ënnersicht ze hunn?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwert.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Engelen. Den Här Mobilitéitsminister François Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** | Merci, Här President. A merci dem Här Engelen och fir déi Fro.

Ech mengen, mir müssen oppassen, dass mer net d'Saachen duerjerneegeheien. D'DAC, also d'Direction de l'aviation civile, ass net zoustänneg, fir d'Aarbechtskonditiounen ze kontrolléieren vu verschiddene Firmen. Déi kuckt d'Sécherheetsbedéngungen. Déi kuckt, ob d'Fligere richteg certifiéiert sinn, ob alles agehale gëtt, wat d'Sécherheet um Flughafen ubelaangt, wa gestart a gelant gëtt. Mee et ass net d'Kompetenz vun hinnen, fir d'Rou- an d'Fluchzäite vun de Piloten ze kontrolléieren.

An et ass och esou, dass et an deem Accord de ciel ouvert, deem d'Europäesch Unioun mat Katar ofgeschloss huet, wou och eng Kéier e Gesetz jo an d'Chamber wäert kommen – do si mer amgaang an der Ëmsetzungsprozedur, dat heescht, dat muss ratifizéiert gi vun de Memberstaaten –, net ëm d'Fluch- an d'Rouzäite vun de Piloten aus dem Katar geet.

Ech hunn awer eng Meinung dozou, wëll ech Iech awer soen, an déi ass ganz kloer: Ech fannen d'Aarbechtskonditiounen ... Ech hunn och scho vill Artekele gelies a wann dat alles stëmmt, wat ech do liese lénks a riets, dann ass dat net dat, wat ech befürworten, wéi een Aarbechtskonditiounen soll gestalte vu Leit, déi fléien. Mee ech kann Iech awer soen, dann ass Qatar Airways a gudder Gesellschaft vu villen aneren, déi hei vum Flughafen aus fléien an hei landen. An iwwerengs iwwerall op der Welt. An dat ass natierlech eng Fro.

Ech kann Iech versécheren: Op europäeschem Niveau, am Conseil Transport ass dat natierlech oft en Thema, mee dat ass awer éischer bei den Aarbechtszäiten a Rouzäiten am Transportsektor en général. Dir wësst: Op der Strooss ass och nach net alles, wéi et soll sinn am internationale Verkéier. An do setzen ech mech natierlech ëmmer an, dass do sollen Aarbechtskonditiounen applizéiert ginn, déi eisen europäesche Standards entsprechen.

Bon, dat ass e Match, dee souwisou leeft an der ganzer Aviatioun. Wéi gesot, Dir hutt elo Qatar Airways ugeschwat, mee mir kéinten och an aner Regione kucke goen. Do ass et, menger Meinung no, net weesentlech besser.

Ech weess och elo net, ech wëll awer och elo net soen, ... Ech weess net genau, wéi déi definitiv ... Dat, wat ech kennen, ass och dat, wat ech liesen: Berichter, déi ech kritt hunn, wat d'Gewerkschafte mol lénks a riets schreiwen. Mee, wéi gesot, huet d'Europäesch Unioun elo net eng direkt Kompetenz fir anzegräifen an d'Aarbechts- an d'Rouzäiten, déi am Fong eng Gesellschaft hire Leit operleet, déi ausserhalb vun der EU usässe ass an déi just hei erageflu kënn oder zum Beispill hei eragefuer kënn.

Wat kloer ass: Innerhalb vun der EU müssen d'Sécherheetsstandarde respektéiert ginn an déi ginn och respektéiert. Dat gëtt och kontrolléiert an dat ass elo d'nämmleche wéi am Stroosseverkéier, änlech.

Also wéi gesot, dat ass dee ganze Level-Playingfield: gläich Bedéngunge schafen, gerecht Bedéngunge schafen am Transportsektor. Dat ass e ganz grouse Sujet an natierlech och besonnesch an der Aviatioun.

An do ass nach vill Aarbecht ze leeschten, fir dass dat eng Kéier op en Niveau kënn, deen, loosse mer soen, mënschlech gesinn an och fir de Rescht gesinn, de Standards entsprécht, wéi mir eis et virstellen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bausch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 314 vum Här Dan Biancalana un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet iwwert d'sexuell Iwwerfall unhand vun der Vergewaltungsdrog. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 314 du 18 mai 2022 de M. Dan Biancalana relative aux agressions sexuelles à l'aide de la drogue du viol, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure**

**M. Dan Biancalana (LSAP)** | Merci, Här President. Jo, rezent hu Fäll vu sexuellen Aggressiounen duerch den Asaz vun Drogen an Diskoen an der Belsch an a Frankräich a gréissere Stied héich Welle geschloen.

Rieds geet vun der Drog GHB, och bekannt als Vergewaltungsdrog. An dobäi schéngen dacks Sprützen an den Asaz ze kommen, mat deenen d'Affer a Caféen an an Diskoe gepickt ginn oder d'Substanz an d'Getränks geschott gëtt.

D'Substanz u sech huet keng Faarf, ass transparent. Si huet och kee Geruch. Si huet och kee Goût. An d'Wirkung setzt no zéng bis zwanzeg Minutten an a provoziert nielt Onwuelsinn och Kappwéi, kloer och Amnesie. Bei enger ze starker Dosis, déi administréiert gëtt, kann een och an de Koma falen.

Doduerch, dass d'Drog just e puer Stonne laang am Blut noweisbar ass, ass et schwéier, den Traage ze maachen. Fir deem Rechnung ze droen, gouf zu Nanzeg eng Prozedur ausgeschafft, déi den Affer, also Leit, déi ouni hiert Wëssen ënner Drogenafloss eeben halt stinn, erlaabt, sech no der Dot op Drogen testen ze loossen, nach eier se eng Plainte erareeche.

Dës Mesure ass säit dem 16. Mee a Kraaft. An an deem Zusammenhang wëllt ech effektivt och hei dem Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

Ass dës Phenomeen schonn zu Lëtzebuerg ukomm? Wat jo, mat wéi enger Envergure? Bei wéi ville Fäll gouf och Plainte bei der Police gefouert, respektiv wéi goufen dës Plainten opgeholl? Well och do ass effektiv e Schwierigkeetsgrad, well kee richtegen Traage ze maachen ass. Gi spezifesch Kontrolle betreffend dës Problematik gemaach, well a Frankräich gouf et och schonn Arrestatiounen an deem Kader? Ass e Virgoen, sou wéi et zu Nanzeg applizéiert gëtt, ugeduecht? A gëtt et och konkret Preventiounsmaassnamen?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Biancalana. Den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, den Här Henri Kox, huet d'Wuert.

**M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure** | Merci, Här President. Merci och fir déi Fro.

Ech probéieren, an dräi Punkten dann dorobber ze äntweren: vläicht fir d'Éischt de generelle Kader, dann d'Kontrollen an dann eeben d'Preventioun an och d'Sensibilisatioun.

Dat Éischt ass emol: Jo, ech hunn déi Artikelen och gelies. Mir hunn och intern doriwwer diskutéiert. Net méi spët wéi d'lescht Woch hat ech nach e Gespréich mat engem aus der Police, soudass déi Fro ganz geléie kënn, fir e puer Saachen do drop ze äntweren.

A sech nennt sech GHB „Gamma-Hydroxybuttersäure“ an et ass a sech awer – Dir hutt et och ganz gutt

beschriwwen – eng ganz ellen Drog, well se eeben incolore ass an esou weider. Si kann – an dofir gëtt se och „K. O.-Tropfen“ genannt –, an e Glas bäigemëscht ginn an et kritt een et net mat. An dat ass eebe ganz geféierlech. A si ass awer ganz – ech soe lo mol an deem Sënn –, ganz effikass, well se d'Leit awer ganz doruechter mécht a se net méi wëssen, wou se a sech herno waren oder wat se erlieft hunn.

De Wirkstoff selwer ass sechs bis acht Stonnen noweisbar, hunn ech gesot kritt. An am Urin, am Waasser, ass en nach zwielef Stonnen noweisbar. Dat ass relativ kuerz, fir herno kënne nozeweisen, ob en am Gebrauch war.

D'Police hat an de leschte Joren e puer Verdachtsfäll. Leider konnt et awer net nogewise ginn, soudass an deem Sënn keng Plainte konnt gefouert ginn. An et läit awer och drun, dass déi Leit, déi an déi Situatioun kommen, wierklech ewech, also dann eebe fort sinn an net direkt d'Erënnerungsverméigen erëm haten. A bis se souwäit sinn – duerch dee Fakt, dass et sechs bis acht Stonnen nëmme noweisbar ass –, ass et relativ schwéier, well se dann ze spët bei d'Police ginn.

Dofir, mengen ech, ass, éier ech op d'Kontroll kommen, d'Preventioun vläicht e ganz wichtege Facteur. D'Police hat eng Campagne. Virun engem Joer awer eréischt. Also dat geet net duer, mengen ech. Mir sollten eng nei Campagne nach eng Kéier lancéieren. Awer eng gréisser Campagne! Mee wat méi wichtege ass, ass dee reegelméisseg Preventiounscharakter an de Schoulen, well vill am Jugendberäich do abuséiert gëtt a profitéiert gëtt. An dofir, mengen ech, ass do den Usaz am Wichtegsten, fir, bon, e kleng Fouss an der Dier ze hunn, zumindest d'Leit opzeklären iwwert d'Aart a Weis, dat, wat dat bewierkt a fir dass et eeben net zu deem Phenomeen kënnt, deen Der ganz gutt beschriwwen hutt.

Geziilt Kontrollen: Ouni konkreeten Hiweis ass et fir d'Police relativ schwéier. Mir kënne net einfach ... Dir wësst, dat mat der Identitéitskontroll a sou weider ... Et ass net esou evident, fir dat da geziilt direkt unzegoen. Et geet nëmme, wann déi Leit och direkt un d'Police oder un déijéineg erunrieden, fir kënne ze soen, dass dat do ass.

Also dee Phenomeen, sou wéi e beschriwwen ass a Frankräich, an der Belsch, hu mir elo net. Also mir kënne dat net bestätegen, vun der Police judiciaire jiddefalls net direkt. Mee nichtsdestotz mengen ech, dass et wichtege ass, driwwer ze schwätzen an och d'Preventioun nach eng Kéier an de Vierdergrond ze stellen. An dat wäert ech och mathuelen, fir dat nach eng Kéier ze forcéieren, dass, zumindest op deem Punkt, nach e bësse méi Efforte gemaach ginn. An och bei deene reegelméisseg Campagnen, déi mer jo maachen, deen dote Phenomeen nach eng Kéier derbäigesat gëtt. An ech denken, dass dat awer duerch de generellen, reegelméisseg Kontakt mat de Schoulen awer ëmmer thematiséiert gëtt.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, dem Här Minister Henri Kox.

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 315 vum Här Sven Clement un d'Madamm Justizministesche iwwert d'Legalisatioun vum Cannabis. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 315 du 17 mai 2022 de M. Sven Clement relative à la légalisation du cannabis, adressée à Mme la Ministre de la Justice**

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den 22. Oktober d'lescht Joer huet eng ganz Hicheckt u Ministeren,

nämlech d'Ministere Jean Asselborn, Henri Kox, Sam Tanson, Paulette Lenert a Claude Meisch en neie Moosnamekatalog fir d'Bekämpfung vun der Droge-kriminalitéit virgestallt.

Eng vun dese Mesurë sollt e Gesetzesprojet zur Legaliséierung vum Cannabis sinn, deen et ënner anerem erlabe sollt, doheem bis zu véier Cannabisplanze selwer ze hunn, selwer ze ernten an da selwer och ze consomméieren – logescherweis, soss huet dat Hale jo net vill Sënn.

Den Transport soll explizitt net méiglech sinn, mee an deem Zesummenhang wéilt ech awer e puer Froen un d'Madamm Justizministesche stellen: Wou ass dee Projet haut drun? Dat ganz speziell, well an Däitschland d'Regierungsparteien, déi jo eng änlech Komposition hu wéi hei zu Lëtzebuerg, zumindest vun de politesche Blutgruppen hier, sech gëeenege hunn, fir eng Legaliséierung vu Cannabis fir Genosszwecker ze maachen.

Ech hat mer bal erhofft, dass d'Madamm Ministesch haut géif de Projet mat an d'Chamber bréngen, fir en hei ze deposéieren, dass mer kéinten driwwer diskutéieren. Wéini denkt Der awer, wann et net haut ass, dass Der e kënnt deposéieren? An dann: Wéi huet sech d'Situatioun zu Lëtzebuerg verännert doduerjer, dass elo e grouse Staat wéi Däitschland sech awer gëeenege huet, fir d'Legaliséierung vum Cannabis no vir ze driwwen, virun allem wann een dem Karl Lauterbach, dem neie Gesondheetsminister an Däitschland, seng dach ganz wäitreechend Aussoe consideréiert, déi jo awer e bësse méi wäit gi wéi dat, wat hei zu Lëtzebuerg bis elo am politeschen Discours war?

Ech mengen, mir hunn eis ganz vill mat internationalen Traitéeen auserneegesat, während Däitschland dat scheinbar vläicht e bësse méi simplistesche gesäit. Mee ech freeë mech do op d'Äntwert vun der Justizministesche.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement. D'Madamm Justizministesche Sam Tanson huet d'Wuert.

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice** | Jo, merci, Här President. Merci, Här Clement och fir d'Fro.

Bon, ob elo d'Positioun vun Däitschland simplistesche ass, dat sief dohigestallt. Ech mengen dat ass Är Responsabilitéit.

Vläicht eng Kéier e Schratt no hannen: Mir hu jo och scho méi laang dorunner geschafft. Dat steet och am Lëtzeburger Koalitionsaccord, dass déi ganz Chaîne soll kënne zu Lëtzebuerg méiglech ginn. Dat heescht: D'Produktioun vum Cannabis, d'Vente vum Cannabis, d'Consummatioun vum Cannabis.

Étant donné awer, dass dat vill Ministère concernéiert, un éischter Stell natierlech d'Santé an d'Justice, déi awer, virun allem wat d'Santé ubelaangt, duerch d'Pandemie ganz aner Suergen haten, ass dee Projet natierlech e bësse no hanner geréckelt ginn. Deen ass awer net falegelooss ginn, mee mir hunn dunn eppes aneres virgezunn, fir awer och weiderzecommen an eiser Drogepolitik. An dat ass eeben dat, wat annoncéiert gi war op där Pressekonferenz, op déi Der Iech referéiert hutt, wou mer erkläert hunn, dass mer elo emol an enger éischter Phas wäerten erlaben, Planzen doheem ze hunn.

Dee Projet de loi ass esou gutt ewéi fäerdeg. Ech hunn d'Intentioun, nächste Mount domat an de Regierungsrat ze goen. Ech hätt en effektiv och kënne haut mat heihinner bréngen, fir Iech e Gefallen ze maachen. Ech hunn dat awer elo net gemaach. Ech

ginn do meng Regierungskolleegen d'Prioritéit, dass mer den Detail nach eng Kéier kënne kucken. Quitte dass et dat ass, wat mer schon am Regierungsrat am Hierscht festgehalten haten.

D'Inzidenz vun deem, wat an Däitschland ass ... Also ech hunn do nach keen Text gesinn. Ech mengen och net, dass e schon existéiert. Natierlech ass et extreem wichtege an interessant ze gesinn, wat e groust Land wéi Däitschland op deem do Niveau mécht. Wat och natierlech d'Verhandlungstäerkt vu Lëtzebuerg immens stärke wäert an den internationalen Diskussiounen ronderëm déi dote Fro. Well et ass eng Fro, déi um internationale Plang alles aneschers wéi evident ass a bei där et fir eis och nëmme ka vun Notze sinn, wann e groust Land wéi Däitschland och op deen dote Wee geet. De Wee eebe vun der ganzer Chaîne fir d'Utilisatioun vu Cannabis.

Voilà! Soudass mer och do natierlech drop waarden, wat Däitschland do wäert proposéieren. An d'Gesondheetsministesche an ech selwer, mir plangen am Moment och eng Konferenz op ministeriellem Niveau, bei där mer hoffen, dass och deen een oder deen anere vun deenen aneren europäesche Kolleegen – well et ass net just Däitschland, et ass och Malta, et ass och Holland – kënne mat derbäi sinn, fir dass mer hei zu Lëtzebuerg kënne en Echange hunn iwwer hir respektiv d'Drogepolitik.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Justizministesche Sam Tanson.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 316 vun der Madamm Djuna Bernard un d'Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun iwwert d'Unzuel vu Formularen, déi fir d'Energieprimm fir Awunner mat wéineg Akommes agereecht goufen. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 316 du 19 mai 2022 de Mme Djuna Bernard relative au nombre de formulaires soumis pour obtenir la prime énergie pour ménages à faible revenu présentée le 28 février 2022, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration**

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, vis-à-vis vun den héijen Energiepräisser huet d'Regierung Enn Februar eng Energieprimm fir Ménages à faible revenu agefouert. Dës läit tëscht 200 a 400 Euro.

Eligibel dofir si Menagen, déi eng Allocation de vie chère kréien, mee awer och Menagen, déi am Revenu 25 % driwwer leien. Dës kréie se awer net automatesch, contraire zu de Menagen, déi d'Allocation de vie chère kréien, déi se automatesch kréien. Dat heescht, Menagen, déi 25 % driwwer leien, mussen des Energieprimm ufroen.

Elo wollt ech d'Madamm Familljeminitesch froen, wéi den éischte Bilan vun desen Demanden ass, déi bis elo erakomm sinn. Wéi ass d'Kommunikatiouncampagne gelaft, déi Der jo Enn März lancéiert hat, eebe grad fir d'Promotioun, fir des Hëllefstellung ze maachen? An zu gudder Lescht: Wéi gëtt och weiderhin d'Promotioun fir des Hëllefleschtung vum Lëtzeburger Staat gemaach? Notamment iwwert d'Office-socialen oder aner sozial Acteuren, mengen ech, ass et wichtege, dass een d'Leit dofir sensibiliséiert, dass et des Hëllefstellung gëtt an dass ee se kann ufroen.

Ech soen Iech villmools Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Bernard. D'Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun, d'Madamm Corinne Cahen, huet d'Wuert.



**Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Jo. Villmools merci, Madamm Bernard, fir déi Fro. Ech mengen, d'Prime énergie hu mer dëst Joer decidéiert, effektiv fir deene Leit ënnert d'Äerm ze gräifen, déi e bësse méi Schwierigkeeten hunn, fir hir Rechnungen ze bezuelen. A mir hunn, wéi Der grad gesot hutt, och decidéiert, déi Prime énergie opzemaachen och fir Leit, déi bis zu 25 % méi verdénge wéi de Plaffong vun deem, wat een als Plaffong kann eeben hunn, fir d'Allocation de vie chère ze kréien.

Also am Allgemenge ginn d'Allocation de vie chère an d'Prime énergie zesummen ugefrot op engem an deem selwechte Formulaire. Da kuckt den FNS unhand vum Dossier, ob de Menage eligibel ass souwuel fir d'Allocation de vie chère, d'AVC, ewéi och fir d'Prime énergie.

D'Prime énergie kritt een d'office, wann een d'Allocation de vie chère kritt. Dat heescht, déi gëtt dann automatesch dee Moment mat bezuelt. An da kommen awer nach déi Menagen derbäi, déi net eligibel si fir d'Allocation de vie chère, mee déi dann awer d'Prime énergie vum Fonds national de solidarité kréien.

Déi Menagen, déi eng AVC accordéiert kruten, éier d'Prime énergie agefouert gouf, kruten automatesch déi Prime énergie retroaktiv nobezuelt, ouni dass si hu misse froen. Dat heescht, do muss een net nach eng Kéier e spezielle Formulaire ausfüllen.

Am Ganzen hu bis ewell 8.042 Menagë vun der Prime énergie profitéiert. Dovunner krute 7.607 Menagen eng Allocation de vie chère plus eng Prime énergie. A 435 Menagë waren net eligibel fir eng Allocation de vie chère a kruten awer d'Prime énergie ausbezahlt. Am Moment beleef dat sech op eng Zomm am Ganze vun 2.266.975 Euro.

Dir hutt och vun eiser Sensibiliséierungs- an Informationscampagne geschwat, well mir wollten d'Leit natierlech och drop opmierksam maachen, dass et déi Aiden elo gëtt, dass se déi kënnen ufroen. Dat war eng Campagne, déi mer zwëschent dem 28. Mäerz an dem 3. Abrëll gemaach hu fir de Grand public, eebe fir d'Leit ze informéieren iwwert d'Aféierung vun där Prime énergie. Mir hunn dat iwwert déi traditionell Medie gemaach. Mir hunn dat awer och iwwert d'sozial Medie gemaach, fir e Maximum u Leit ze erreechen.

Am Abrëll, dat heescht no der Campagne, goufen dëst Joer eleng 4.123 Demanden un den FNS gestallt. Dat ass vill méi héich wéi déi dräi lescht Joer. Dat kann also mat der Campagne zesummenhängen. Mee dat kann een natierlech net richteg moossen. Dat heescht, ganz sécher kënne mer dat net soen. Mee allgemeng gëtt awer erwaart, dass dëst Joer och d'Zuel vun den Demanden nach vill méi wäert an d'Luucht goen, wéi dat déi lescht Joren de Fall war.

Wat elo d'Office-socialen ugeet, sinn déi net an enger éischer Phas beträff, well d'Prime énergie direkt beim Fonds national de solidarité ugefrot gëtt, mee natierlech kann den Office social och hëllefen, beim Formulaire-ausfüllen zum Beispill. De Sozialaarbechter am Office social kuckt natierlech och, ob alleguerten déi Pisten ausgeschöpft sinn, wou ee kann Hëllef kréien a senger Situatioun. Dat heescht, do ass den Office social natierlech ëmmer mat derbäi fir ze kucken, ob de Prestataire alles ka kréien, wat een esou ka kréien.

An deem Kontext war et dem Familljeministère iwwregens och wichteg, d'Office-socialen iwwert d'Aféiere vun der Prime énergie spezifesch ze informéieren. Mir hunn dowéinst eng Kommunikatioun un all d'Office-socialle gemaach mam Formulaire, fir d'Primm unzefroen, an natierlech och mat de prakteschen Erklärungen zum Dispositif, soudass awer

jiddweree scho kann, souwuel informéiert sinn, wéi och gehollef kréie vu sengem Office social.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 317 vum Här Serge Wilmes un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten iwwert d'Propositione vum Här Minister fir Energie iwwert d'Energieerspuernisser. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 317 du 19 mai 2022 de M. Serge Wilmes relative aux propositions de M. Ministre de l'Énergie concernant des économies d'énergie, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**M. Serge Wilmes** (CSV) | Jo. Moien. Merci, Här President. Maja, gëschter huet d'Kommissiouns-presidentin Ursula von der Leyen de Plang presentéiert, wéi se kann Europa energieetes méi onofhängeg maache vun de fossillen Energien.

An an deem Kontext huet den Här Turmes, den Energieminister vu Lëtzebuerg, Member vun der groussherzoglecher Regierung, do Fuerderunge gestallt oder Iwwerleeunge matgedeelt, an zwar ënner anere dräi Stéck: datt en der Meenung wier, et misst europawäit eng koordinéiert Limit vum der Vitess, vun der Geschwindegkeet ginn op de Stroosse respektiv op den Autobunnen. En huet och gefrot, datt ... oder d'Meenung geäussert, datt an deenen europäesche Stied autofräi Sonndeger kéinten agefouert ginn an zwee Deeg Homeoffice pro Woch.

Well dat awer – op d'mannst zwee Punkten dovunner – ënnert de Beräich vun Iech fält, dem Här Transportminister, Här Bausch, wollt ech einfach froen, wéi Der déi Proposen, déi den Här Turmes do gemaach huet, da gesitt. Ass dat déi offiziell Positioun vun der groussherzoglecher Regierung? Wa jo, firwat? A wann net, firwat?

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, ...

(Brouhaha)

... Här Wilmes. Den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, de Vizepremier François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. An och merci dem Här Wilmes fir seng pertinent Froen.

**Une voix** | O!

**Une autre voix** | A!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Et ass u sech net esou komplizéiert. Also, ech mengen, et ass esou, datt d'Kommissioun jo e ganze Package u Mesurë virgestallt huet. An do geet et haaptsächlech natierlech drëms, fir d'Transitioun hinze kréien zu den erneierbaren Energien, ewech vun de fossillen Energien. Dat ass och dee wichtegsten Deel, géif ech soen.

An da gëtt et derniewent natierlech och e Pabeier, deen vun der internationaler Energie-Agentur ass, an där all d'europäesch Länner vertruede sinn an eigentlech zimmlech iwwerall och déi nimmlecht Ministere setzen, an an deem Pabeier ginn och nach Recommendationen gemaach.

An de Claude Turmes huet aus deene Recommendationen zitéiert, déi zéng Punkten, déi do drastinn. Wou, niewebäi bemierkt, vun deenen zéng der sechs

derbäi sinn, déi mir scho souwisou erfëllen a wou mer ganz gutt ausgesinn. An do, bei deenen zéng Recommendationen, ass ënner anerem och dran: eng eenheetlech Situatioun op den Autobunnen, fir erofzegen op 120 km/h, eenheetlech an Europa.

Wann Der mech elo frot: „Ass dat eng Positioun vun der Regierung?“, soen ech Iech: Jo, an deem Sënn, datt d'Regierung ëmmer derfir ass, datt et Sënn géif maachen, europäesch eenheetlech Léisungen ze schafen. Elo ass et awer natierlech esou: Dat si jo Recommendationen vun der IEA an dat ass jo net vun ongeféier, datt se dat recommendéieren, well se natierlech wëssen, datt d'Kompetenz, fir dat ze maachen, bei den eenzelen Nationalstaate läit, dat heescht keng EU-Kompetenz ass.

Wat awer net ass, kann eng Kéier kommen. Et kann een duerchweegs awer och eng Kéier am europäeschen Transport-Conseil, wou jo vill diskutéiert gëtt, ënner anerem elo an zwou Wochen, iwwert déi ganz Froe vum Fit-for-55-Package, iwwert dee ganze motoriséierte Stroosseverkéier diskutéieren. An et kann een awer vläicht en Accord fannen, europäesch, fir vläicht eng Kéier esou eppes ze maachen.

Firwat géif et menger Meenung no Sënn maachen, op den Autobunnen eng méi eenheetlech Reegelung ze kréien? D'Energieproblematik ass eng, mee fir mech ass d'Verkéierssicherheit nach bal méi wichtig an deem ganze Kontext. Virun allem och well dat méi kohärent ass. De Moment hutt Der an Däitschland, nach op ganz grouse Stécker an Däitschland „freie Fahrt für freie Bürger“. Do kënnt Der sou séier fueren, wéi Der wëllt. Et ass zwar limitéiert. Et sinn, wann Der den däitschen Autobunnseseau kuckt, vläicht nach 20 % bis 25 %, wou dat spillt, well de Gros ass limitéiert duerch all méiglech aner Saachen, wann Der zum Beispill an Uertschafte kommt a sou weider. Duerfir ass dat kee Problem.

Dann hutt Der Holland, do ass et 100, Dir hutt Lëtzebuerg do ass et 130 an an der Belsch ass et 120. Et ass also ganz ënnerschiddlech. An et géif durchweegs Sënn maachen. An duerfir, dee Mëttelwäert 120 ass u sech kee schlechte Wäert, wann een dee géif europäesch kohärent aféieren, mee ech sinn awer skeptesch, datt dat esou séier wäert geschéien, well d'Kompetenzen eeben national sinn. Mee et mécht awer och nëmme Sënn, et europäesch ze maachen. Also fir Lëtzebuerg eleng géif dat iwwerhaapt kee Sënn maachen, well mat eisem klengen Autobunnseseau, ech mengen, do wär d'Aspuerpotenzial op europäeschem Niveau relativ limitéiert.

Also, wéi gesot, eigentlech eng gutt Fuerderung, mee wou et drun happenen wäert, datt europäesche Wëlle besteet, se generell ëmzesetzen.

Zu den autofräie Sonndeger: Dat ass esou eng Saach. Dir kennt meng Meenung dozou, ech hu se och schonn eng Kéier hei gesot. Ech sinn do net esou iwwerzeegt, datt dat vill bréngt. Et ass awer och esou – dat kënnt Der nokucken, ech hunn dat extra nogelies bei der IEA –: Déi Fuerderungen, also dat wat do opgestallt ass, datt ass och net dem Claude Turmes seng Haaptfuerderung gewiescht, d'Haaptfuerderung war, d'Vitess generell op den Autobunnen erofzesetzen, well dat géif am meeschte bréngen.

Wësst Der, wann Der elo zweemol d'Joer en autofräie Sonndeg maacht, ech mengen net, datt mer domadder en immens groussen Impakt op de Verbrauch hätten. Mee bon, alles, wat een natierlech ka spueren, ass ëmmer gutt. Mee ech mengen, datt een éischer sollt d'Leit mobiliséieren nach méi an déi Richtung wéi mat esou symboleschen Aktiounen wéi en autofräie Sonndeg. Dat ass elo net onbedéngt meng Iwwerzeegung.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bausch.

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 318 vum Här André Bauler un den Här Minister fir Mëtzelstand an un den Här Minister fir Tourismus iwwert d'Reorganisatioun vum ORT Nord. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 318 du 17 mai 2022 de M. André Bauler relative à la réorganisation de l'ORT-Nord, adressée à M. le Ministre des Classes moyennes et à M. le Ministre du Tourisme**

**M. André Bauler (DP)** | Merci, Här President. Déi lescht zwee Joer – dat wësse mer – an der Pandemie waren net einfach fir den Tourismus an den Horeca-Secteur. An dofir freeë sech bestëmmt all Acteuren aus dem Horeca-Secteur, datt et net zu autofräie Sonndeger wäert kommen, well se freeë sech iwwer jiddwereen, deen op déi eng oder aner Manéier, mam Vëlo, mam Motorrad, mam Auto oder mat Gott weess wat, mam Trakter, ënnerwee ass.

D'Saison 2022 kënnegt sech also ganz positiv un. Déi éischt Zuelen deiten dann och op eng Relance hin, wann een d'Statistike kuckt, virun allem d'Reservatiounen an den Hotelszëmmeren, Campingen a bei den Zëmmeren an de Jugendherbergen. Déi Zuele ginn de Moment an d'Luucht.

Am Beräich vun den touristeschen Infrastrukturen, Attraktiounen a bei diversen Offeren an Ekipementer an de Regiounen gouf sécherlech ganz vill geschafft; dat souwuel vun de Syndikater, de Gemengen, bei de privaten Acteuren an natierlech och an den ORTen.

Am ORT Norden ass elo zanter dem 1. Mee dës Joer e sougenannte Pilotprojet lancéiert ginn, wou et drëms geet, fir méi Synergien ze schafen a Mëtzel an d'Regioun ze kréien.

An deem Kontext wollt ech dem zoustännegen Minister fir Tourismus, dem Här Lex Delles, dräi, véier Froe stellen: Éischstens: Kann den Här Minister eis Detailer zu deem spezifesche Pilotprojet am Norde vum Land liwweren? Ëm wéi eng Synergien handelt et sech do? Wat ass d'Zukunft vum ORT Norden? Wéi laang soll dës Pilotprojet lafen? An ass dës Projet een, deen een och problemlos kéint op aner Regiounen vum Land iwwerdreien?

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bauler. Den Här Minister fir Mëtzelstand an den Här Minister fir Tourismus, den Här Lex Delles, huet d'Wuert.

**M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes, Ministre du Tourisme** | Merci villmools, Här President. Här Bauler, ech wëll Iech och villmools Merci soen, fir déi Fro, well et gëtt engem d'Geleeënheet, Erklärungen zu engem Pilotprojet ze ginn, deen elo säit dem 1. Mee leeft.

Et ass esou, dass de Projet u sech dora besteet ... Mir hunn déi fënnf ORTen, déi zu Lëtzebuerg funktionéieren, déi iwwer Konventioun mam Ministère och Sue kréien; dat natierlech och duerch hir Memberen, sief et Gemengen, Syndikater oder aner Acteuren, déi dora cotiséieren.

Et stellt sech awer eraus, dass ëmmer méi ORTe ganz grouss Schwierigkeeten hu mam Personal, mat de Personalkäschten an och, fir nach Suen ze hunn, fir Projekte kënnen ze maachen. Dobäi kënnt, dass natierlech och eng ganz Rëtsch vu Synergie kënnen tëschent deene verschiddenen ORTe funktionéieren respektiv awer och mat LFT, Luxembourg For Tourism. Sief dat Synergien am Kader vum Marketing, vun der Digitaliséierung, vun der Kontabilität, vun Internetsitten, och vun esou Saachen, soudass et och

elo scho Méiglechkeete gëtt, wou matenee geschafft gëtt an dat nach vill méi enk mateneen ze verbannen.

Dofir si mer op de Wee gaangen, mat deene verschiddenen ORTe Kontakt opzehuelen. Mir haten, ech mengen, fënnf oder sechs Reunione mat allen ORTen zesummen, fir eng Propositioun auszeschaffen, e Pilotprojet ze maachen, an deem mer alleguer d'Leit, also d'Personal vun dem ORT ... Et muss ee jo wëssen: Den ORT ass eng ASBL, wou de Ministère cotiséiert, awer selwer net Member ass. Dat heescht, de Ministère ass net mat um Dësch, mee ass natierlech iwwer eng Konventioun mat den ORTe verbonnen. Et ass een hei op de Wee gaange bei dem Pilotprojet Norden, dass een déi ganz Personalkäschten aus der ORT-ASBL eraushëlt an déi bei den LFT sëtzt. Dat heescht, säit dem 1. Mee vun deem Joer sinn d'Mataarbechter vum ORT Norden Mataarbechter vum LFT, déi iwwer eng Konventioun tëschent dem LFT un d'ORT-ASBL geléint ginn, fir iwwer d'Konventioun verschiddenen Tâchen ze iwwerhuelen. An op där anerer Säit huet de Ministère nach eng weider Konventioun fir Projeten mam ORT Norden, déi si an der Regioun realiséieren.

Dat bréngen eeben déi verschidde Synergie mat sech, déi méi einfach sinn. Sief et, dass Mataarbechter vum LFT en général méi enke Kontakt mam ORT Norden hunn a méi einfach kënnen schaffen respektiv awer och déi ganz Saache vun de Plattformen, Digitaliséierung, Marketing op enger zentraler Plaz kënnen gemaach ginn.

Ee ganz wichtege Punkt, deen och mam ORT Norden diskutéiert ginn ass, ass awer, dass d'Mataarbechter och weiderhin an der Regioun bleiwen. Dat heescht, déi Mataarbechter, déi gëschter zu Veianen, wou de Siège vum ORT ass, geschafft hunn, schaffen och nach haut a muer do. Dat ass och ganz kloer festgehale ginn.

Wat bréngt et mat sech? Dat bréngt mat sech, dass den ORT Norden an deem Fall vill méi eng grouss Enveloppe budgétaire huet. Dat heescht, den ORT huet elo méi Moyenen, fir kënnen Projeten an der Regioun ze realiséieren. An e ganz wichtege Punkt: D'Gemengen cotiséieren an den ORT, dat ass ëmmer pro Awunner esou vill Euro, dat ass variabel vum ORT zu ORT. Déi Sue ginn och réellement geholl, fir Projeten an der Regioun ze maachen. Dat heescht, et ass net méi, dass elo Overhead-Käschten oder aner Käschten duerch d'Gemengen, déi privat Acteure bezuelt ginn, mee déi Sue ginn direkt geholl, fir an der Regioun Projeten ze developpéieren an dann och do eng méi grouss Uniformitéit ze kréien respektiv Projeten, déi openeen ofgestëmmt sinn, sief et an der nationaler Strategie, an der regionaler Strategie oder grenzüberschreidend.

Well dat ass natierlech ee ganz grouss Punkt: Den Tourist, deen op Lëtzebuerg kënnt, dee weess net, dass wann e fënnf Kilometer aus der Stad erausfirt, en am ORT Mëllerdall ass, am ORT Osten ass oder am ORT Norden ass. Neen, den Tourist, deen heihinner kënnt, dee weess, en ass am touristesche Land Lëtzebuerg.

A fir déi Synergien alleguerten nach ze verstärken, ass dee Pilotprojet hei gemaach ginn.

Wéi laang e soll daueren? Et ass elo eng Konventioun op ee Joer, wou een dann de Bilan wäert zéien.

Mir kënnen am Moment natierlech no deene puer Wochen nach kee Bilan zéien. Et gëtt da gekuckt, wéi en do steet, ob jiddweree sech an deem Projet erëmfindt an ob aner Regiounen och op dee Wee ginn? Mir hunn all de Regiounen et ugebueden. D'Regiounen hunn am Conseil d'administration, souwéi mir et gesot kruten, Nee gesot, ausser den ORT

Norden, deen unanime Jo gesot huet. Dofir de Pilotprojet mam Norden, deen natierlech dann och der Regioun méi Moyenen iwwert d'Kotisatione bréngt a wou Projekte realiséiert ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, dem Här Tourismusminister Lex Delles.

Als nächst hu mer d'Fro Nummer 319 vum Här Max Hengel un den Här Sportsminister iwwert déi aktuell Waardezäit fir e Rendez-vous beim Service médico-sportif ze kréien. Här Hengel, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 319 du 19 mai 2022 de M. Max Hengel relative aux délais d'attente actuels pour un rendez-vous auprès du service « médico-sportif », adressée à M. le Ministre des Sports**

**M. Max Hengel (CSV)** | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Här Sportsminister, wann een haut als Sportler oder Sportlerin e Rendez-vous beim Médico wëllt huelen, fir eng nei Lizenz ze kréien oder seng Lizenz ze erneieren, da kann et scho mol sinn, datt ee gutt zwee Méint muss op esou e Rendez-vous waarden.

Dat Thema ass och schonn an der Lescht e puermol ugeschwat ginn.

Dës ass natierlech virun allem zum Beispill bei Kaner, déi drop waarden, fir mat hire Kolleegen kënnen e Match ze spillen, net ganz glécklech an hält hinnen e bëssen d'Motivatioun.

En aneren Aspekt ass deen, datt een zum Beispill an Ekippesportaarten – ech denken elo un de Basket, do sinn ech am kënnege, Dir sidd jo och net onkënneg an deem Domän –, wou Profispiller zum Asaz kommen, wann do zum Beispill ee Spiller sech verletzt a kuerzfristeg muss ersat ginn, dann ass et natierlech, soen ech emol, e kompetitiven Nodeel fir déi Ekip, wann deen neie Spiller, dee soll eng Lizenz kréien, net séier kann an den Asaz goen.

Här Minister, Dir sidd Iech dem Problem bewosst. Dir hutt och an engem Interview am Februar gesot, datt den INS mat enger neier Sportsmedezinnerin verstärkt gouf, an datt Dir eng Handvoll Verträge mat Dokterinnen ...

(Interruption)

... ënnerschriwwen hätt.

Ech waarden dann eng Sekonn. De Minister héiert soss meng Froen net.

(Interruption par M. François Benoy)

Also Dir hat net geschwat.

**M. Fernand Etgen, Président** | Här Hengel, et ass un Iech, fir eng Fro ze stellen, net, fir dem Här Benoy ze äntweren.

**M. Max Hengel (CSV)** | Wéi gesot, Dir hutt gesot, datt Der eng Handvoll Verträge mat Dokterinnen ënnerschriwwen hätt, fir de Service médico ze verstärken. An donieft hutt Der och d'Fro gestallt, ob et net sënnevoll wär, wann eng Rei ënnersichungen och kéinten a Praxisse vu Generaliste gemaach ginn.

Donieft ass mer och zu Ouere komm, wéi wann en neie System sollt ausgeschafft ginn, fir d'Rendez-vousen ze huelen. Dee wär anscheinend sou änlech wéi deen, dee mer leider allze gutt kennen, wou mer eis e Rendez-vous beim PCR-Test hu missten huelen. Bon, wëssend, datt momentan a ganz villen Ekippesportaarten d'Saisonen op en Enn kommen, wär et gutt fir déi vill Benevollen, wann een deene kéint an Aussicht stellen, wa se déi nei Saison plangen, datt et do zu Verbesserungem géif kommen.



*(Interruption par la présidence)*

O, meng Zäit ass schonn e bësse kuerz. Ech maachen also ganz séier.

Här Minister, sidd Der weiderkomm, fir nach weider Dokteren ze engagéiere fir de Médico? Wéi ass et mam Projet, datt verschidden Ennersichungen sollen a Praxisse vu Generaliste kënnen gemaach ginn? Wivill Doktere schaffe momentan zesumme mam Médico? Fir de Fall, datt all déi Beméiunge bis elo näischt bruecht hätten: Wat kéint een awer maachen, fir déi Delaie kuerzfristeg ze verkierzen a wat fir Léisunge gëtt et am Fall vun deene Profien, fir datt d'Ekippen net mussen dorënner leiden?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Hengel. Den Här Sportsminister Georges Engel huet d'Wuert.

**M. Georges Engel, Ministre des Sports** | Merci dem Deputéierte Max Hengel fir dës Fro.

Fir d'éischt emol muss ee wëssen, dass am Kader vun der Pandemie eng Rei vu gültege Médicoen net konnte am Joer 2021 erëm verlängert ginn. Déi sinn dunn automatesch op 2022 verlängert ginn, well se 2021 net konnten an de Médico goen.

Dat muss dann elo alles am Joer 2022 nogeholl ginn, déi, déi dat net konnte verlängeren, well et bis 2022 da méiglech war, dass se hire Sport awer konnte maachen. 2022 mussen déi also elo an de Médico kommen, niewent alleguer deenen, déi souwisou elo missten an de Médico kommen an niewent och alleguer deenen, déi eng éischt Lizenz wëllen ufroen.

A fir elo ze evitéieren, dass am September, wou dann erëm d'Championater ugin, elo ass jo e bësse méi eng roueg Phas, an dann och erëm vill Leit hir éischt Lizenz wäerte maachen, dass et do zu Enkpäss kënn, hunn ech dës Woch eng Circulaire un d'Fédération erausginn. Ech hu se och matbruecht a si ass op de 17. Mee datéiert, net dass Der mengt, ech hätt dat elo haut de Moien nach ganz séier gemaach. Ech hunn déi dunn dës Woch un d'Fédération erausginn, fir dass si hir Clibb och an deem Sënn solle sensibiliséieren, dass se net bis um Schluss vum Joer solle waarden, fir dann an de Médico ze goen, mee dass se elo solle vun där Zäit profitéieren, wou elo manner an de Médicoen ass, fir dass se da kënnen hir Rendez-vousen huelen.

Well et muss ee wëssen: Et ass eng Héichsaison an de Médicoen. Déi ass vu September bis Januar. An dann ass vu Februar bis August éischer eng Flaute. Dofir solle se elo profitéieren, fir dann hire Rendez-vous ze huelen.

Et ass och elo méiglech, am Laf vun der Woch e Rendez-vous am Médico ze kréien. An d'Situatioun ass esou, dass duerch e Mangel – an dat kann ee sech bal net virstellen, wann ech elo dat héieren, wat den Här Hengel virdru gesot huet – un Demanden a verschiddenen Zentere souguer Plage-horaien hu misse zougemaach ginn, obwuel Dokteren a Sekretären do disponibel waren. Wat natierlech ass: D'Leit ginn natierlech gären an dee Médico, deen am noosten ass. Ech soe lo Gréiwemaacher, da ginn d'Leit natierlech gären op Gréiwemaacher, mee si kënnen awer och op Miersch, an d'Stad, op den INS, op Ettelbréck, op Diddeleng, op Stengefort, op Esch goen. Also och do sinn iwwerall Méiglechkeeten, wou een dann kann hgoen.

Wat och e Phenomeen ass, a wat och net ganz gutt ass, datt ass, dass Leit sech e Rendez-vous huelen an dann net op de Rendez-vous ginn. Et muss ee wëssen, den Dokter huet eng gewëssen Zäit agerechent an engem Owend. Zum Beispill zu Gréiwemaacher si se

dann zwee bis dräi Owender vu 17.45 bis 20.00 Auer do. Si kënnen an där Zäit also néng Leit huelen. Wann der do awer dräi Rendez-vousen an enger Plage geholl hunn an déi net kommen, dann ass déi natierlech net méi disponibel fir anerer, soudass elo souguer de Leit perséinlech ugeruff gëtt, wa se net do sinn, ob se dann net awer kéinte kommen. An da soe se: „O nee, dat arrangéiert mech awer elo net. Ech kann awer elo net kommen.“ Dat ass ganz dacks d'Äntwert.

Dann ass et awer och esou, dass ech effektiv gesot hunn, dass een eng Rei vun Ennersichunge bei den Dokteren an de Praxisse ka maachen. Dat hant am Moment un engem informatische Projet oder Problem. Mir hunn eng Applikatioun, déi heescht SP MED an déi gëtt nei gemaach. Déi ass awer eréischt disponibel fir Enn 2023. Déi wäert et awer machbar maachen, dass een an den Dokteschpraxissen, fir déi Dokteren, déi awer och eng Zousatzformatioun als Sportsdokter gemaach hunn an déi och en Agreement beim Ministère ugefrot hunn, dass déi da kënnen an hire Praxisse déi Exame vum Médico maachen. Do ass am Moment e Projet, dee leeft, dee vläicht éischer fäerdeg wär, dat wär Enn 2022. Dat ass e Projet mam CTIE ...

*(Interruption par la présidence)*

... iwwer Schiller-Server – sou heescht e wierklech –, dass dat vläicht machbar wär. Mee Dir mierkt, et si Pisten do, mee déi sinn nach net fir haut a fir muer, mee et sinn awer Disponibilitäten an de Centres médico, fir dass d'Leit awer hire Sport kënnen maache goen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, dem Här Sportsminister Georges Engel.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 320 vun der Madamm Francine Closener un de Minister fir Education, Kanner a Jugend iwwert de Mangel u Léierpersonal am Lycée. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 320 du 18 mai 2022 de Mme Francine Closener relative à la pénurie d'enseignants dans l'enseignement secondaire, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**Mme Francine Closener (LSAP)** | Merci, Här President. D'Penurie vum Léierpersonal ass beileiwe keen neie Phenomeen. Dat gouf am Kontext vu der Pandemie jo och ëmmer erëm hei thematiséiert, besonnesch de Manktem un Enseignanten am Fondamental. Mee och am Secondaire fänt d'Penurie un, bedenklech Ausmoossen unzehuelen. Am Lycée maache se sech Suerger ëm déi nächst Rentrée am September.

Virun engem Joer hat de Minister geschriwwen, de Problem vum Personalmanckem wier besonnesch schlëmm an der Formation professionnelle. Am allerschlëmmsten an de Coursen Esthéticien a Plâtterscheleer.

Mengen Informatiounen no huet sech de Personalmanckem an der Tëschenzäit awer generaliséiert, dat heescht och op den Enseignement général a classique ausgeweit an nach weider verschlëmmert. Duerfir missten d'Lycéeën, déi net genuch Enseignanten accordéiert kruten, alt nach méi op Chargéen zréckgräifen respektiv dem aktuelle Personal nach méi Iwwerstonnen zoomudden.

Am Ministère sengem Aktivitéitsrapport vun zejoert steet, datt fir d'lescht Schouljoer 156 Kandidat rekrutéiert goufen. Et waren awer 357 Rekrutementen virgesinn. Dat wier also méi wéi d'Hallschent, iwwer 200 Posten, déi net besat goufen. Dat sinn der vill. An an

engems weess ee jo och, datt d'Schülerpopulatioun weider wisst.

Duerfir wollt ech haut vum Minister wëssen: Wéi schlëmm gesitt Dir de Problem? Wéi vill ausgebildeten Enseignantë feelen am Secondaire? Wéi vill Posten hunn d'Lycéeën fir d'nächst Joer ugefrot? Wéi vill kënnen ausgebildeten Enseignanten am Statut vum Fonctionnaire besat ginn? Wéi vill Stageplaze si laut dem Plan de recrutement an deene jeeweilege Groupes de traitement virgesinn? Wéi vill dovunner konnten iwwert de Concours besat ginn? Wéi eng Fächer sinn am meeschte vun der Penurie betroff? A wéi vill Chargéen, mengt Der, missten agehallt ginn, fir d'Coursen ze assuréieren? Wéi gedenkt de Minister, laangfristeg un de Problem erunzegoen. An denkt Der vläicht u gezielte Rekrutementscampagnen? An der Fonction publique leeft jo am Moment eng ganz interessant Campagne. Kéint een dat Format och notzen, eebe just fir den Enseignement? Meng leschte Fro: Gëtt dru geduecht, an de MINT-Fächer vläicht Personal anzustellen, dat eventuell eng Dispens vun de Sproochekonditiounen kéint kréien?

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Closener. Den Här Educationsminister Claude Meisch huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Merci Madamm Closener. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si ganz dankbar fir déi dote Fro, well et gëtt mer d'Geleeënheet, vläicht déi eng oder déi aner Präzisioun ze ginn.

Virun e puer Woche war opgrond vun enger Question parlementaire, déi ech och esou beäntwert hunn, déi e Kollege hei vun Iech gestallt huet, duerch d'Medie gaangen, datt ronn 25 % respektiv 30 % vun den Enseignanten am Secondaire Chargé-de-Cours wäeren.

An do muss een awer vläicht nach eng Kéier drun erënneren an och en däitlechen Ennerscheid do eraussträichen tëschent der Notioun vum Chargé de cours am Fondamental, wat an aller Reegel jo eng Persoun ass, déi net den übleche Konditiounen entsprécht, fir iwwerhaupt zougelooss ze sinn, fir Enseignant ze ginn, an op där anerer Säit awer dem Chargé de cours am Secondaire, wou d'Reegelen awer ganz anerer sinn. Well e Chargé de cours am Secondaire, dee muss och sämtlech Zougangsbestimmungen erfüllen, fir de Concours kënnen ze maachen, fir also och kënnen fonctionariséiert ze sinn. An aller Reegel ass dat dann e Masterofschloss, fir an d'A1-Karriär kënnen erazekommen.

Also all déi Chargéen, déi an de leschte Jore fir Fächer rekrutéiert goufen, wou een e Master als Proff muss hunn, als Fonctionnaire, déi mussen och e Master hunn, wa se als Chargé agehallt ginn.

Dann hu mer zanter enger Rei vu Joren – an dat war mir besonnesch wichteg – och gekuckt, datt hir Enseignantsausbildung, déi se jo am Stage maachen, identesch ass, well virdru war et esou, datt eigentlech nëmmen den Enseignant, dee Professer ginn ass, dee Fonctionnaire ginn ass, eng Enseignantsausbildung während sengem Stage kritt huet. En huet jo éischer e fachgerichtet Studium. An e kritt seng pedagogesch Enseignantsausbildung während dem Stage.

Awer de Chargé huet dat net kritt. Deen huet vum éischen Dag un, wou en de Kontrakt ënnerschriwwen hat, direkt enseignéiert, ouni datt e parallel esou eng Ausbildung kritt huet. Dat hu mer geännert, nämlech andeems mer gesot hunn: De Stage ass genau d'selwecht fir de Chargé, wann en ufänt, wéi och fir deen, deen iwwert de Concours fir d'alleréisch

erakomm ass an da fonctionariséiert wëllt ginn. An och den Ofschloss vum Stage, den Examen de stage, ass genau dee selwechten, soudatt wann ech haut zwee Enseignanten hunn, déi ufänken, deen een huet de Concourexame gepackt a mécht deen dote Wee an deen aneren ass fir eng Plaz, wou einfach e Besoin ass, dann zousätzlech ze fëllen an e gëtt dann als Chargé agestellt. Da fänke se alleguerter mateneen am Stage un a se mussen och alleguerter dee selwechte Stage maachen an och dee selwechten Ofschlossexame vum deem Stage. Dat heescht a puncto Qualitéit ass dat eigentlech kee Manktum wéi mer de System elo gestréckt hunn.

Et kann natierlech sinn, an där wäerte mer hunn, dass et virun deem dote Moment, viru menger Zäit och aneschtens war a vill Leit dann nach erakomm sinn an och e CDI als Chargé kritt hunn, déi déi doten Ausbildung net gemaach hunn, mee dat ass Fakt. An ech mengen, dass mer hei e grouse Qualitéitssprong no vir gemaach hunn.

Dann ass et awer och esou, Här President, dass reegelméisseg ganz vill Kandidaten – an Dir hutt d'Zuelen aus dem Rapport d'activités genannt –, déi de Concourexame maachen, schonn als Chargé, als Enseignant mat alle Qualifikatiounen, och mam ofgeschlosse Chargésstage, bei eis schaffen. An dat féiert dann derzou, dass d'Zuel vun deene Plazen, déi ausgeschriwwen sinn, natierlech ganz dacks méi niddreg ass ewéi déi vun de Leit, déi sech da melden, well och ëmmer e gudden Deel vun deenen, déi schonn dobanne sinn am System, eebe justement mam Employésstatut, sech dann dorobber mellen, soudatt een och net onbedéngt ka soen: Si huelen der nëmmen esou vill, obschonn esou vill Demanden do sinn, well e gudden Deel vun deenen, déi eng Demande maachen, schonn Deel vum System sinn. Mir encouragéieren d'ailleurs och déi, déi e sougenannte Chargé da sinn, dass se de Concourexame maachen an da kënnen fonctionariséiert ginn.

Mir schaffen och nach eng Kéier un der Prozedur, fir no 15 Joer Anciennetéit kënnen fonctionariséiert ze ginn, souwéi dat bei all aneren Employé beim Staat de Fall ass, wann een och do nach eng Kéier eng Epreuve an eng gewësse Prozedur mécht. Dat huet sécherlech och nach eng Kéier en Impakt op d'Aarbechskonditiounen, fir deen Einzelnen, wann en dat géif maachen. Duerfir encouragéiere mer eigentlech déi Einzel, sech do och, ech soe mol, ze regulariséieren.

Mee eigentlech misste mer driwwer nodenken, ob ee Begrëff „Chargé de cours“ am Secondaire nach ëmmer wierklech richteg ass. Eigentlech sinn et alles Enseignanten. Si hunn dee selwechte Parcours gemaach, op jidde Fall déi, déi an de leschte Joren agestellt goufen, just, dass déi eng ënner engem Fonctionnairesstatut schaffen an déi aner ënner engem Employésstatut, sou wéi et an anere staatleche Verwaltungen nun eebe mol och de Fall ass. An do denken ech, ass den Undeel vun deenen, déi als Employé schaffen, vläicht souguer nach méi héich, wéi dat am Enseignement secondaire de Fall ass.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, dem Här Educatiounsminister Claude Meisch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 321 vum Här Marc Lies un den Här Wunnengsbauminister iwwert d'Aféierung vun engem Fong fir Aarbechten an der Kopropriétéit. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

Ech wëll drop opmierksam maachen, dass mer och déi nächst Fro nach kënnen huelen, well d'Froesteller alleguer disziplinéiert waren an och d'Regierung disziplinéiert war. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 321 du 19 mai 2022 de M. Marc Lies relative à la mise en place d'un fonds de travaux obligatoire pour les copropriétés, adressé à M. le Ministre du Logement**

**M. Marc Lies (CSV)** | Merci, Här President fir d'Wuert. Ech wëllt gär eng Fro stellen respektiv awer och eng Suggestioun un de Minister vum Logement ginn.

Ech mengen, a leschter Zäit erliewe mer, dass d'Menagen hei am Lëtzebuurger Land, awer och a ganz Europa an iwwert d'ganz Welt, opgrond vun der Pandemie natierlech, awer och elo mat der Verdeierung vun den Energiekäschten, extreem mat Méibelaaschtungen ze kämpfen hunn. Och hei zu Lëtzebuerg huet d'Regierung am Kader vun hirem Tripartitesaccord gekuckt, fir d'Menagen an Zukunft kënnen ze entlaachten. Diesbezüglich gouf dann och elo en Emprunt ... oder gëtt en Emprunt gezunn, fir dat kënnen ze finanzéieren.

Op där anerer Säit ass et awer esou, dass och d'Gesetzer hei an der Chamber vun der Majoritéit gestëmmt ginn, déi effektiv dës Belaaschtung nach substanzuell an d'Luucht dreien. Ech huelen do de Fonds des travaux, dee virun e puer Wochen och hei an der Chamber gestëmmt ginn ass. D'CSV-Fraktioun hat sech do dergéint ausgeschwat, well mer einfach der Meenung sinn, dass et net ka sinn, dass diesbezüglich d'Menagen, beispillsweis Familljen, déi Proprietär vun enger Wunneng sinn, opgrond vun dëser Hausse, wat dann d'Chargen an den Appartementer ugeet, dass déi nach weider an d'Luucht gedriwwen ginn. Duerfir, dass ass e kënschtlech Eropdreiwe vun der Méibelaaschtung vum de Menagen, an domat kënnen mer definitiv net averstane sinn.

An duerfir hätt ech d'Fro, ob den Här Minister dann, wat elo dee Fonds des travaux ugeet, awer och d'Menagen, déi effektiv ënner déi Méibelaaschtung falen, wäert informéieren, sensibiliséieren, wat déi Méikäschten, déi do entstinn, dann effektiv géife mat sech bréngen, vu dass dës Fong och obligatoresch ass, a fir och Beispiller do opzeginn, wéi beispillsweis Wunnenge mat zwee oder dräi Zëmmeren an awer och déi diesbezüglich Energieklass hannendrun ze schreiwen, well dat jo dann och de Präis vun de Chargen wäert impaktéieren ..., fir esou Beispiller ze ginn, awer och de Menagé virzeféieren, wat dat u Mehrkosten an hire Wunnenge wäert mat sech bréngen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Lies. Den Här Wunnengsbauminister Henri Kox huet d'Wuert.

**M. Henri Kox, Ministre du Logement** | Merci, Här President. Merci och fir déi Fro. Dat gëtt mer d'Geleeënheet, awer nach eng Kéier op dee Fonds des travaux anzugeen, awer just dat och ze widderleeën, dass et net onbedéngt eng Méibelaaschtung fir déi Leit soll duerstellen. Well Dir wësst de Code civil schreift dat vir: Wann eng Reparaturaarbecht an engem Kopropriétéitshaus ass, dann ass all Kopropriétéit verpflichtet, sech deem ze ënnerleeën an och matzëhelfen, sief et, den Daach ze flécken, sief et, d'Fenster ze flécken an esou weider.

An oft sinn et eeben déi mat manner Akommes, déi dann an d'Schleidere kommen, well se eebe verpflichtet sinn nom Code civil, do matzëhelfen an dee Moment och séier ze bezuelen. An dofir ass dee Fonds de réserve, Fonds des travaux geschafte ginn, fir dee lues a lues unzespueren. A wann déi Käschten da kommen, dass déi net brutal op déi erofkommen, well en ass net nëmme fir d'Energie gëlteg, mee, wéi gesot,

och fir aner Reparaturaarbechten, déi a sech och virgesi sinn.

An dofir ass et wichteg, dass déi Campagne och leeft. An da kommen ech op déi Campagne, déi mer wëlle maachen, an och all déi Froen, déi mat deem Fonds des travaux gestallt ginn, dass déi domadder beäntwert ginn. Well mer wëssen, dass mer eng Campagne musse maachen, hu mir jo an d'Gesetz geschriwwen, dass d'Gesetz eréischt applizéierbar ass nom deem Joer, nodeems et publizéiert gouf. Wann dann de Grand-Duc deemnächst ënnerschiwwen huet, well mir hu jo e Fonds des travaux hei gestëmmt, dann applizéiert sech dat Gesetz jo eréischt no engem Joer. An an deem Joer maache mer eng Campagne, an ech kann Iech och eng ganz Rei vu Punkten nennen, déi do genannt ginn. Ech hunn hei souguer fënnf Säite geschriwwen kritt, wat geplangt ass. An ech huelen der nëmmen e puer eraus.

Éischtens: D'zentral Roll hunn natierlech d'Syndicen. Wéi eng Roll hu se, fir dat doten ze maachen, well et ass hir verflüchtend Aufgab, och schonn haut? An hei geet et drëms, déi ze informéieren, wëssend, dass de Fonds des travaux jo och scho fräiwëlleg a ganz villen Appartementer oder a Kopropriétéite leeft, an do leeft et ganz gutt. Et ass aus där Erfahrung do, wou mer et generaliséiert hunn.

Dann: Wie muss bezuelen? Wéi gëtt de Bäitrag gerechent? Dat ass op Milliëmen an esou weider.

Wéi ass et mat deem Energiepass, ass elo just gesot ginn? Et gëtt nämlech verschiddelech Appartementer, wou et anscheinend zwee Energiepäss iergendwéi gëtt. Och dat ass ze klären, well dat schéngt net richtig ze sinn. Et kann nëmmen een Energiepass fir eng Kopropriétéit och richteg sinn. Och dat solle mer innerhalb vun där Campagne kloerstellen, awer och dann aus der Welt schafen, wann et e Problem schafft.

Wéi ginn déi Suen agedriwwen? Wéi ass et dee Moment, wann net bezuelt gëtt? All dat, wat sech haut scho stellt! An d'Kopropriétéite sollen natierlech an där Campagne da mat vermëttelt ginn.

Wichteg sinn och nach eng Kéier déi Majoritéitsverhältnisse. Dir wësst: Et gëtt e Règlement grand-ducal, dee beschreift all déi Majoritéitsverhältnisse an enger Kopropriétéit. Et sinn nei Elementer bäikomm, wéi zum Beispill eeben d'Elektrobornen an esou weider. Do ass awer net jidderee verpflichtet, sech ze bedeelegen, awer um Commun mussen déi Aarbechten duerchgefouert ginn.

An all dat muss natierlech gutt kommunizéiert ginn. Mir wäerten natierlech och mat Beispiller kommen, well et ass nëmmen esou, wou mer d'Leit och kënnen mathuelen: richteg weisen, wéi et ëmgesat gëtt. An déi Beispiller, déi mer hu vun deenen, wou et gutt funktionéiert, do wäerte mer och froen, dass dat och mat an d'Kommunikatioun kennt.

Dofir, déi Suerg, déi Der hei ausgedréckt hutt, huele mer wouer, natierlech, well dat och an eisem Plang virgestallt ass. An dofir hu mer jo gesot, an engem Joer eréischt d'Applikatioun, soudass mer e Joer Zäit hunn, fir dat och public ze maachen.

Merci!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Wunnengsbauminister Henri Kox.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 322 vun der Madamm Octavie Modert un d'Madamm Justizministesch iwwert d'Aarbechte fir de Verbuut vun Agrëffer op Mannerjäreger a Besuch op hir Geschlechtsorganer. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.



– Question n° 322 du 19 mai 2022 de Mme Octavie Modert relative aux travaux en vue de l'interdiction des interventions chirurgicales ou médicales en relation avec les organes sexuels d'un mineur incapable de discernement, adressée à Mme la Ministre de la Justice

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann engem Kand säi Geschlecht net kloer festzuleeën ass wéinst variable Geschlechtsmerkmoler, kënn et vir, datt chirurgesch Agrëffer oder medezinnesch Operatiounen virgeholl ginn. Dat ass natierlech e grouse Problem fir d'LGBTQIA+-Mënschen. An dat ass och net am Sënn vun der Selbstbestëmmung a vun der Depathologisierung vun där Problematik.

Dat war schonn en Uleies vun der CSV hirer Proposition de loi vum Sylvie Andrich a Françoise Hetto 2017.

Hei drängt sech e Verbuet op, besonnesch natierlech bei Mannerjärege. D'Regierungserklärung huet et och virgesinn. Ech erënneren och un d'Gesetz vum 10. August 2018 vun Ärem Virgänger, Madamm Justizminister.

An dofir meng Froen un Iech: Wou sinn d'Virarbechten drun zu engem entspreche Gesetjesprojet? A wéini kënn dee Projet an deem Sënn hei an d'Chamber?

Villmools merci.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Modert. D'Madamm Justizministesch Sam Tanson huet d'Wuert.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Jo, merci, Här President. Merci, Madamm Modert, fir dës Fro. Et ass effektiv eng extreem wichteg Fro, déi vun de Persounen, déi net onbedéngt no der Gebuert engem Geschlecht zouzuerdne sinn. Mee et geet u sech och doriwwer eraus. Et sinn och vill Situatiounen, wou Operatiounen gemaach ginn, oder et kënn ëmmer erëm vir, dass Operatiounen och gemaach ginn, déi am Genitalberäich oflafen. An ech soen dat als Introduktioun, well dat heiten ass en Dossier, dee wäit iwwert de Justizministère erausgeet.

Wann Der elo eng Question écrite gestallt hätt, dann hätt ech déi sécherlech net eleng beäntwert, mee mat der Gesondheitsministesch zesummen a mat der Familljeministesch, well mer zu dräi Ministèren hei ganz enk dorunner schaffen.

An et stellt sech natierlech fir d'éischt emol d'Fro vun de Cas-de-figures, an deenen déi Interdiktioun spille géif. Do si mer wierklech am medezinnesche Beräich. Duerfir kann ech och elo do net am Detail drop agoen.

An da stellt sech herno natierlech d'Fro vun de Sanktiounen, déi opeluecht ginn, wann dat net respektéiert ginn ass.

Mir sinn, wéi gesot, amgaangen, un deem Text ze schaffen. Do si Concertatiounen amgaangen. Mir wollten awer och nach eenzel Experte consultéieren, fir dee Sujet ze verdéiwen. A soubal mer fäerdeg si mat deene Consultatiounen, wäerte mer natierlech dorobber zrëckkommen.

Ech kann Iech elo à ce stade nach net soen, wéini dat genau ass, well, wéi gesot, déi Aarbechten amgaange sinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Justizministesch Sam Tanson.

### 3. Question élargie n° 147 de M. Marc Spautz au sujet des pistes d'amélioration de la work-life balance des salariés

Mir kommen elo zur erweideter Fro Nummer 147 vum Här Marc Spautz iwwert d'Pisten, déi zur Verbesserung vun der Work-Life-Balance vun de Salariée solle bäidroen. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vun dem Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi ech déi Fro eraginn hunn, wousst ech net, dass haut de Moien d'Madamm Minister Corinne Cahen an den Här Minister Georges Engel géifen eng Pressekonferenz maachen iwwert d'Work-Life-Balance.

Ech weess och net, ob et extra wéinst menger war, mee, ...

**Plusieurs voix** | O Mamm! Oo!

*(Interruption et hilarité)*

**M. Marc Spautz** (CSV) | ... mee op alle Fall war de Moien esou eng Fro.

Ech wëll och drun erënneren, et ass véier Wochen hier, dunn hat den Här Kersch eng Fro un den Här Engel gestallt, dee fréieren un dee jëtzege Aarbechtsminister, och am Kader iwwert d'Aarbechtszäitverkierzung. Do ass et drëm gaangen, opgrond vun enger Diskussioun, déi an der Belsch lass war wéinst Aarbechtszäitverkierzung, ob dat an enger anerer Form fir d'Aarbechtszäit géif kommen.

Ech mengen, wa mer vu Work-Life-Balance schwätzen, däerfe mer net nëmme vun Aarbechtszäitverkierzung schwätzen, mee et muss een dat ganz Theema vläicht an d'Theema vun der Aarbechtszäitorganisatioun eranhuelen. Et muss ee sech emol fir d'éischt bewosst ginn, dass mer haut en anert Aarbechtsbild hunn, en anert Familljebild hunn, an dass et wichteg ass, fir d'Veereinbarkeet vu Beruff a Famill ze schaffen.

Dat bedeit eppes an der Politik, dat bedeit eppes an der Wirtschaft an dat bedeit eppes an der Gesellschaft, well déi dräi sinn do gefuerdert, souwuel d'Politik, fir de Kader ze schafen, wéi d'Ekonomie, fir och op déi Besoinen anzugehen, déi d'Leit hunn. A wa mer e Land wéi Lëtzebuerg hunn, wou mer ëmmer méi Problemer hunn, qualifizéiert Leit ze fannen a bestëmmte Secteuren, zielt dat duebel fir de Wirtschaftsberäich. An et ass e gesellschaftleche Problem.

Ech wëll drun erënneren: Während der Pandemie hu mer heibannen eng Kéier decidéiert, alleguerten – huelen ech emol un – mat vill Bauchwéi, dass d'Leit am Santésberäich kéinten zweielef Stonnen den Dag schaffen.

Net, well dat onbedéngt fir hir Work-Life-Balance war, mee well dat e Problem ass, dee sech stellt, dass mer net genuch Leit hunn, déi dee Beruff ausüben. An dass et awer wichteg ass, dass mer Leit hunn, déi forméiert sinn, fir kënnen déi Leit, déi krank sinn oder Schwieregkeeten hunn, ze betreiwen.

An ech mengen, wa mer vun enger Work-Life-Balance schwätzen, musse mer vun deenen ënnerschiddleche Familljemodelle schwätzen, mee mir mussen eis awer och mat der qualifizierter Main-d'oeuvre beschäftegen. A mir haten heibanne schonn eng Diskussioun virun net méi spéit wéi zwee Méint iwwert d'Situatioun am Handwierk. Iwwert d'Santéspersonal hate mer och schonn eng Unhéierung nach am provisorische Parlament am Cercel, wou mer déi Leit och

alleguerten ugehéiert hunn, wou se hir Problemer bei eis bréngen komm sinn.

Mee mir wëssen awer ënner eis alleguerten, dass de Problem nach ëmmer net geléist ass, dass de Moment manner dovun geschwat gëtt, well de Covid sech e bësse berouegt huet, mee dass et nach ëmmer noutwendeg ass, och dat ze maachen.

An dofir mengen ech – an et ass dat, wou ech d'Regierung wollt froen –, oder mir gesinn dat als CSV esou: Et kann ee vun der Work-Life-Balance schwätzen, mee et muss een awer och gläichzäiteg all déi Froen opféieren, déi direkt an indirekt eppes mat der Aarbechtszäitorganisatioun ze dinn hunn!

Do ass zum Beispill eng Fro: Wat bedeit dat fir verschidde Secteuren? Well an engem Spidol kënn Der net soen: „Ma da schafft Der nëmme nach sechs Deeg a keng siwe méi“, well do ass awer de Client nach ëmmer de Patient, deen nach ëmmer muss siwen op siwen Deeg betreit ginn.

An da gëtt et eng aner Diskussioun derbäi an dat ass eng, déi dem Här Bausch bestëmmt besser gefällt. Dat ass och déi mat de Leit, wou se wunnen a wou se schaffen! Well wann d'Leit moies zwou Stonnen brauchen, fir heihinnerzekommen, aacht Stonnen hei schaffen an owes zwou Stonnen fir heem, dann ass och do d'Work-Life-Balance nach ëmmer net an der Rei. An och, wa mer da géife soen: „Si schaffen nach siwe Stonnen den Dag“, si se awer nach ëmmer eelef Stonnen ënnerwee, fir kënnen hei enger Aarbechts-tätegkeet nozegoen.

Ech mengen, dass een dee ganze Kader muss mateneen diskutéieren. An dass et dofir och wichteg wier, an dofir wollt ech dat vun der Regierung wëssen, ob si et och esou gesäit, dass een elo net nëmme, wéi de Minister ugekënnegt huet, eng Etüd mécht iwwer Aarbechtszäit an Aarbechtszäitorganisatioun, fir dann ze kucken, wou een higeet, mee wou mer och gläichzäiteg zesummen als Politik, alle 60 plus 17, alle 77, doriwwer diskutéieren, wat dat och nach bedeit.

An elo net waarden, bis d'Etüd do ass vun der Aarbechtszäitorganisatioun, an da soe mer: „Jo, et ass jo elo alles schéin a gutt, d'Etüd huet dat gewisen“, mee wa mer dat wëlle maachen, feelen eis Dausend Infirmièren, et feelen eis 800 Handwierker, mee dass mer och gläichzäiteg déi zwou Saache mateneen ugin. Well soss streeë mer e bëssen de Leit Sand an d'Aen, wa mer nëmme vun der Work-Life-Balance schwätzen a mir kënnen net dat Ganz global ugoen.

An dofir meng Fro un d'Regierung an un den Här Aarbechtsminister: Ass dat och e Wee, deen d'Regierung ugeduecht huet?

Villmools merci!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Spautz. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Härren. Merci dem honorabelen Deputéierte Marc Spautz fir déi Question élargie, wou mer dann och zu zwee wäerten drop äntwerten. Ech probéieren esou an der Métt hei vu menger Zäit da fäerdeg ze sinn, fir dass d'Madamm Cahen och nach kann de Rescht vun der Zäit gebrauchen, fir eng Äntwert ze ginn.

Jo, Work-Life-Balance an Aarbechtsorganisatioun, soen ech emol, si Sujeten, déi an deene leschten Deeg natierlech vill an der Aktualitéit stoungen. Natierlech ass dat zum Deel och gewiescht duerch déi Diskussioun, déi an der Belsch war. Et war keng

Diskussioun iwwert d'Aarbechtszäitreduktioun, mee eng Diskussioun iwwer, loosse mer soen, eng Ëmstrukturéierung vun deene Stonnen, déi geschafft hu misse ginn, vu fënnf op véier Deeg.

A menger Äntwert un den honorabelen Deputéierten Dan Kersch den 28. Abrëll hunn ech effektiv hei an der Chamber gesot, dass ech eng Etüd wéilt an d'Weeër leeden, fir eng genee Analys ze maache vun der Aarbechtszäitorganisatioun.

An ech wéll hei och direkt soen, dass ech elo nach keng konkret Pisten de Sozialpartner kann zu deem Thema ënnerbreeden, well ech mengen, dass dat en Thema ass, wat ee misst am Dialogue social diskutéieren. Mee wat dës Etüd awer virun allem ass, dat ass, dass se eng Objektivéierung vum Debat ka bréngen.

*(Interruption)*

Si bréngt eis emol Fakten op den Dësch. Si bréngt eis eng ganz Rei vun Elementer, déi et eis wäerten erlaben, deen Debat en connaissance de cause ze féieren.

An natierlech ass d'Regierung déi ganzen Zäit amgaangen, sech Froen ze stellen, wéi mer müssen op verschidde Frostellungen hei an eiser Gesellschaft reagéieren! Notamment och op déi vum Fachkräftemangel, a wéi mer eis Orientatioun an der Schoul maachen, wéi mer déi eenzel Formatioune méi attraktiv maachen. Wéi mer d'Leit dozou bréngen, an déi eng oder déi aner Beruffer ze goen. Dat mécht dës Regierung, an dat huet déi vieregte Regierung gemaach, an dat hunn déi Regierung virdrun och gemaach.

An dat ass e laange Prozess, well mer wëssen, wa mer gäre Leit hätten, déi an deen ee Beruff ginn, da musse mer déi ausbilden, wa se jonk sinn. An dat dauert eng Zäitchen, bis se dann um Aarbechtsmaart sinn, soudass dat net eppes ass, wat ganz, ganz séier geet.

Mee natierlech ass dat e fortlaufende Prozess.

D'Aarbecht, fir et e bësse méi allgemeng awer ze halen, déi huet sécherlech eng Rei vun Auswierkungen: d'Stellung an der Gesellschaft, wéi ee sech selwer uecht, natierlech de soziale Kader, déi Leit, déi mat engem schaffen. Fir verschidde Leit ass d'Aarbecht och eng Liewensaufgab. Dat huet sécherlech eng ganz Rei vu positiven Auswierkungen.

Mee d'Aarbecht huet natierlech och eng Rei vu Risiko: Aarbechtsaccidenter, Burnout, Depressiounen, ëmmer méi Problemer, déi jo mat Burnout oder Depressiounen ze dinn hunn, Häerzkrankheeder, an esou weider. Déi hunn, niewent der Dramatik fir deen Einzelnen, och eng ganz grouss Auswierkung op d'Ekonomie an op eise Gesondheetssystem.

An duerfir mengen ech schonn, dass een, wann een d'Diskussioun iwwert d'Aarbechtszäit an d'Aarbechtszäitorganisatioun féiert, da kann dat och eng Rei vu positiven Effekter hunn niewent méi enger grousser Motivatioun: vill Leit hu manner Réckwéi, manner Häerzkrankheeder, Effekt op de Klimawandel. Ech widderhuelen dat, wat ech hei op d'Fro vum Dan Kersch gesot hunn.

Mee ech widderhuele mech awer och, ech hale mech awer un dat, wat am Koalitiounsaccord steet! An do hu mer schonn eng Rei vu Moosname geholl. Mir hunn een Dag Congé méi gemaach, mir hunn ee Feierdag méi gemaach, soudass dat een Deel ass, dee mer schonn ëmgesat hunn.

De Marc Spautz huet gesot: „Jo, mir musse kucken, wéi mer an der ganzer Diskussioun iwwert d'Aarbechtsorganisatioun alleguer d'Aspekter mat erakéieren.“ Natierlech zielt do och d'Attraktivitéit vun

eisem Aarbechtsmaart dozou. Wat zitt d'Leit iwwerhaapt nach un, fir op Lëtzebuerg schaffen ze kommen? A gi mer net herno Pätter, wann alleguer déi ronderëm besser Konditiounen hunn, fir der Aarbecht nozekommen, wéi Lëtzebuerg selwer? An duerfir mengen ech, dass dat eng wäitgräifend Diskussioun ass.

En huet och, wann ech mech net ieren, de POT ugeschwat, de Plan d'organisation du travail, wou mer jo e Gesetz hunn. Do si mer och amgaangen ze kucken, wat d'Auswierkunge vun deem Gesetz sinn. Et sinn 131 Betriber, déi elo schonn op déi Enquête do geëntwert hunn. An doropshi wäerte mer da kucken, wéi mer an der nächster Zäit an deem Gesetz an och am Allgemenge mat der Work-Life-Balance eens ginn.

Haut de Moien hate mer eng Pressekonferenz, wou mer u sech e puer Saache presentéiert hunn. Notamment eppes iwwert de Pappecongé, dee mer opmaache fir Independanten an och fir gläichgeschlechtlech Koppelen. An och dat ass eppes, wat zur Work-Life-Balance ka bäidroen. Niewent nach zwee anere Congéen, wou ech der Madamm Cahen dann awer d'Prioritéit loosse, hei dat ze ernimmen.

Voilà! Ech mengen, ech hunn zum Deel op dat kënnen äntwerten, ouni eng konkret fäerdeg Äntwert ze ginn, well ech mengen, dass déi hei an dësem Fall och net méiglech ass.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Aarbechtsminister Georges Engel. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo d'Madamm Familljeministesche Corinne Cahen.

**Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration** | Jo, villmools merci, Här President. Merci och dem Marc Spautz fir d'Fro.

Ech mengen, mir hunn de Moien, wéi de Georges Engel grad gesot huet, eng Pressekonferenz gehat. Mir haten ons och gesi virdrun an der Chamberskommissioun, fir iwwert déi Work-Life-Balance-Direktiv ze schwätzen, déi mer elo transposéieren.

An ëm wat geet et? Et geet drëms, sech kënnen ze organiséieren. Et geet drëms, net müssen ze wäelen tëschent Schaffgoen a Kannerkréien. Et geet drëms – an ech mengen, dat ass dee Punkt, dee mir am wichtegsten ass –, onofhängeg ze sinn! Finanziell onofhängeg ze sinn! Dass och elengerzéiend Eltere sech kënnen organiséieren par rapport zu hirem Beruff a par rapport zu de Kanner.

An dofir hu mer déi lescht Joren, déi lescht aacht Joer enorm dru geschafft, fir ze kucken, deene jonken Eltere virun allem d'Liewe méi einfach ze maachen, dass se net musse wäelen tëschent Schaffgoen a Kannerkréien.

A wann een déi Direktiv kuckt, déi mer de Moie virgestallt hunn, déi mer gëschter an Regierungsrot hatten, da gesäit een, dass mir scho laang vill méi wäit sinn ewéi dat, wat an der Direktiv eebe gefrot gëtt, notament zum Beispill wat de Congé parental ugeet. Mir hunn 2016 eng grouss Reform vum Congé parental gemaach, wou e flexibiliséiert gouf. A mir mierken, dass dee Congé parental en enorme Succès huet bei de Fraen, mee och bei de Männer.

A virun allem huelen elo vill méi Pappen de Congé parental, net nëmme wéi viru sechs Joer, mee et huele vill méi Pappen de Congé parental elo wéi Mammen! An dat ass, mengen ech, awer dann e grouss Succès, dass ee sech kann organiséieren, dass een och ka kucken, e bësselche manner ze schaffen eng Zäit laang, fir méi Zäit mat de Kanner ze verbréngen.

An dat muss een an engem ganze Kontext gesinn, esou wéi de Marc Spautz dat och gesot huet. Et muss

ee kucken, dass och d'Betriber sech nach kënnen organiséieren. Mee et muss een och kucken, dass d'Familljen an dass d'Leit sech kënnen organiséieren par rapport zu hirem Fräizäit, zu hiren Hobbyen, zu hire Kanner a par rapport och zu Leit, déi Hëllef brauchen.

An dofir sinn ech och extreem frou, an dat gehéiert och zur Liewensqualitéit an zur Work-Life-Balance, dass wann een an der Famill e Problem huet, soudass een op eemol plëtzelech Assistenz brauch – dat ass jo och an där Direktiv hei dran an an deem Gesetz, wat mer elo deposéiert hunn –, een da kann och fënnf Deeg d'Joer, wann een zanter zwielef Méint mindestens am Betrib schafft, fräihunn, fir sech ëm eng vulnerabel Persoun ze këmmere, wann den Dokter dat esou zertifizéiert.

An, et ass nach eppes an deem Gesetz derbäi, vun deem ech hoffen, dass kee vun eis oder vun iergendengem et eng Kéier brauch, dat ass, dass ee ka kuerzfristeg en Dag Congé méi kréien, wann eppes ganz Schlëmmes geschitt ass. Ech soen zum Beispill, wann d'Schoul urufft: „Et ass eppes geschitt. D'Kand muss elo direkt an d'Klinik“, da kann den Elterendeel och direkt an d'Klinik fueren. Den Dokter zertifizéiert dat, well d'Kand brauch natierlech dann och seng Elteren, wann eppes Schlëmmes lass ass.

Dat heescht, ech mengen, wéi de Georges Engel gesot huet, mir schaffen all Dag drun, fir ze kucken, mat de Betriber zesummen, mat de Leit zesummen: Wat brauchen d'Leit, déi an de Betriber schaffen? A wat brauchen d'Betriber?

An ech denke mer, aus Erfahrung soen ech dat emol, wa jiddwereen e Minimum flexibel ass an e Minimum deen anere versteet, da funktionéiert dat gutt. Well mir hunn allegueren Zäiten, wou mer méi Zäit brauchen fir eis, wéinst onse Kanner, wéinst iergendeppes, wat an onser Famill lass ass. An e Betrib huet och alt emol Zäiten, wou en d'Leit méi brauch, fir ze schaffen, ewéi zu aneren Zäiten. Vlächicht verschidde Saisonen, wou en d'Leit méi brauch, oder wa grad eng grouss Bestellung ukënnert oder esou.

An do, mengen ech, wann ee matenee schwätzt a kuckt, dat flexibel ze handhaben, dann ass dat am Sënn vu jiddwerengem a virun allem vum Salarié!

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Familljeministesche Corinne Cahen.

## 4. Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement

An ech géif dann d'Wuert un de Sven Clement gi fir den Depot vun enger Proposition de loi. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

**M. Sven Clement (Piraten), auteur** | Merci, Här President. Ech hunn tatsächlech d'Wuert gefrot, fir eng Proposition de loi ze deposéieren.

Wéi mer allegueren wëssen, hu mer um Wunnensmaart eng méi wéi nëmme prekär Situatioun. D'Präisser kennen u sech just eng Richtung, dat ass déi no uenen. D'Wunne gëtt ëmmer méi deier. An u sech war esou eis Opfaassung, wéi mer eis mat där ganzer Fro beschäftegt hunn, datt Indexéierung vu Loyer net kéint sinn! Mir sinn dunne och e puer rezent Arrête vun de Gerichter kucke gaangen, déi och allegueren där nämmelechter Meinung sinn, datt u sech d'Indexatioun vu Loyere keng direkt Valeur ajoutée bréngt.

An zu eisem groussen Erstaunen, wéi mer eis dunne awer d'Gesetzer duergelies hunn a virun allem de Code civil, mee awer och d'Gesetz vum 21. September 2006 iwwert de Bail à usage d'habitation, hu mer



erausfonnt, datt et tatsächlech nach d'Méiglechkeet gëtt, fir Clause-de-valeuren an d'Kontrakter ze schreiwen. De Legislatioun deemoos huet gesot, datt u sech eng Indexatioun net gewünscht wär – dat steet am Commentaire des articles –, mee am Artikel selwer, zu menger grousser Surprise, stoung dran, datt eng Clause de valeur eréischt ongëlteg gëtt ab där éischter Period no der Denonciatioun vum Locataire.

Dat heescht: Mir wëssen alleguerten, mir sinn an enger prekärer Wunnengssituatioun, d'Leit ënnerschreiwen e Bail à usage d'habitation, fir iwwerhaapt emol en Daach iwwert dem Kapp ze hunn, akzeptéieren eventuell iwwer der Signature, datt se eng Indexatioun an deem Kontrakt stoen hunn, wuel wëssend – oder och net wëssend –, datt déi Indexatioun u sech illegal ass. An eréischt wa se dann drop opmierksam ginn, datt se u sech kënnen déi Clause de valeur denoncieren, gëllt et da fir déi nächst Period vum hirem Kontrakt. Wat, jee nodeem, wéi de Kontrakt opgestallt ass, nach eng Kéier eng ganz gutt Zäitche ka sinn.

Et si ganz kleng Ännerungen un engem Gesetz, souwuel am Code civil, also deen Artikel bäisesetzen, deen d'Indexatioun grondsätzlech géif verbidden. An eng zweet wär eeben déi Fro vun der Denonciatioun ze sträichen am Gesetz vum 2006 iwwert d'Bails à usage d'habitation, fir et esou eeben ze maachen, datt d'office all Indexatioun vum engem Bail à usage d'habitation verbuede wär! Kee Besoin méi fir eng Denonciatioun, kee Besoin méi, fir déi nächst Period ofzewarten. Nee, mir als Chamber géife kloer soen, wa mer déi heite Proposition de loi géife stëmmen, datt eng Indexatioun vu Loyere verbuede gëtt, datt dat net an d'Tut kënn.

Ech mengen, datt dat och am Interêt vun all eisen anere steierleche Moossnamen ass, déi mer am Kader vu Bailleure maachen.

An da vläicht eng aner Remark: Wéi mer dat Ganz he nogekuckt hunn, ass eis nach eppes opgefall, an dat ass, datt de Fonds du logement haut en Deel vu sengem Loyer direkt indexéiert. De Fonds du logement, dee grad fir déi prekärste Leit Wunnengen zur Verfügung stellt, deen hält dee Moment, wann eng Indexatioun kënn, direkt en Deel vun där Indexatioun erëm zréck iwwer eng Erhéijung vun de Loyeren!

Dat si vläicht just e puer Euro. Fir jiddweree vun eis heibanne klénkt dat no e puer Euro. Dat ass ee gutt Mëttegiessen. Dat ass vläicht fir Verschiddener och just den Aperitif oder den Digestif. Mee a Wierklechkeet ass dat fir déi Leit, déi do betraff sinn, wann dat 30 Euro sinn de Mount méi, fatzeg vill Geld! A se wëssen net, wou se déi um Enn vum Mount solle fannen.

An ech mengen, dat heiten ass elo en éischte Schrëtt, fir et generell ze verbidden. Mee ech mengen, datt mer och nach eng Kéier ..., an dat ass leider e Règlement grand-ducal, wou d'Chamber also net kann d'Ännerung maachen, mee dofir da mäin Appell un déi dräi Ministeren, déi zwou Ministreschen an deen ee Minister, déi nach vis-à-vis vu mer sëtzen: Kuckt Iech de Règlement grand-ducal vum Fonds du logement nach eng Kéier un! Kuckt Iech un, wat do wierklech geschitt mat de Leit, déi eng Indexatioun vun hirem Loyer hunn, an iwwerleest Iech, ob dat nach zäitgeméis ass an där Wunnsituatioun, déi mer haut hunn.

Här President, ech iwwerreechen Iech meng Proposition de loi.

Merci!

*8008 – Proposition de loi portant sur l'interdiction de l'indexation des prix du loyer et modifiant la loi modifiée du*

*21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil*

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Ganz gutt!

## 5. 7886 – Projet de loi :

**1<sup>o</sup> modifiant : a) le Code civil ; b) la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;**

**2<sup>o</sup> abrogeant la loi modifiée du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19**

**M. Fernand Etgen, Président** | Mir kommen elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 7886 iwwert d'Bestietnis an engem anere Gemengegebaai wéi dem Gemengenhais. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Dan Biancalana.

*Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes et de la Commission de la Justice*

**M. Dan Biancalana (LSAP), rapporteur** | Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut befannen, dee mer haut ofstëmmen am Kader vun der Zeelebratioun vum Bestietnis, proposéiert am Prinzip zwou Verännerungen.

Engersäits soll et an Zukunft méiglech sinn, d'zivil Bestietnis respektiv d'Receptioun vum Pacs an engem anere Gebai wéi dem Gemengenhais ofzehalen. Anerersäits sollen d'Bestëmmunge geännert ginn, wéi den Officier de l'état civil ersat gëtt respektiv wéi seng Fonctioun kënnen delegéiert ginn.

Wat deen éischte Punkt ugeet, esou besteet am Moment eng änlech Reegelung. Am Kontext vun der Pandemie existéiert zanter dem 24. Juni 2020 e Gesetz, dat erlaabt, zivil Bestietnisser an engem anere Gebai wéi an der Gemeng ofzehalen. Den Hannergrond dovunner war, dass net all Gemenge Raimlechkeeten hunn, déi géeege waren, fir déi sanitär Moossname kënnen anzehalen, an et sollt trotzdeem erméiglecht ginn, dass Famill a Frënn bei engem offiziellen Akt konnten derbäi sinn.

37 Gemengen hunn dës Ausnamereegelung genotzt an och domadder positiv Erfahrungemaach. Dat ass och ganz gutt esou.

De Projet de loi, deen hei virläit, schafft d'Gesetz vum 24. Juni 2020 of an e moderniséiert awer d'Reegele ronderëm d'zivil Bestietnis. Et ass u sech eng kleng Adaptatioun, déi awer de Verännerungen an eiser Gesellschaft Rechnung dréit. Ëmmer méi Leit verzichten op eng reliés Zeremonie. Ëmsou méi wichteg ass et, fir dass deen Akt op der Gemeng e festleche Charakter huet an dass hir Famill a Frënn dorunner kënnen deelhuefen. Et ass jo schlisslech net nëmmen e schéinen, mee och e wichtige Moment an hirem Liewen.

Et gëtt a ville Gemenge Gebaier, déi ee ganz flotten a gebürende Kader fir esou eng Zeremonie bidde kënnen. An deem Sënn erméiglecht dat neit Gesetz och eng gewësse Flexibilität.

Bis elo war et ausserhalb vun der Pandemie jo just an extremen Noutfäll méiglech, d'Leit enzwousch anescht wéi op der Gemeng ze bestueden, beispillsweis wann ee vun den zukünftege Partner um Stierwe louch. An esou Fäll huet dann de Procureur d'État eng

besonnesch Geneemegung missen ausstellen, fir dat kënnen ze maachen.

Bon, eis Nopeschlänner, Frankräich an d'Belsch, hunn hir jeeweileg Gesetzgeebungen an där Fro schonn ugepasst. A mir zéien dann haut no.

Et ass also un der Zäit, dass mir de Gemengen zu Lëtzebuerg och an deem Kader e bësse méi Fräiraum an och e bësse méi Autonomie loosse.

Wa mir dëst Gesetz stëmmen, da kann an Zukunft de Gemengerot Gebaier designéieren, déi nieft der Gemeng kënnen fir zivil Bestietnisser genotzt ginn. Dës Gebaier mussen eng Rei Krittären erfëllen, fir dass och an Zukunft séchergestallt ass, dass den öffentlechen Akt ka mat där néideger Dignitéit ofgehal ginn.

D'Gebai muss dem Staat, engem Établissement public oder der Gemeng gehéieren a fir e Service public genotzt ginn. De Proprietär vum Gebai muss säin Accord ginn, fir dass kënnen Zeremonien och do ofgehal ginn. Et muss sech um Territoire vun der Gemeng befannen, déi den zivilen Mariage aktéiert. Et muss sech ëm eng neutral Plaz handelen, déi eng feierlech an och eng öffentlech Zeremonie erméiglecht. An ech mengen, och dat war Bestanddeel vun Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun hatten.

Och muss garantéiert sinn, dass den Officier de l'état civil seng Fonctioun op där Plaz och korrekt ausübe kann.

Wat den Officier de l'état civil ugeet, esou gëtt den Artikel 69 aus dem Gemengesetz licht ëmformuléiert, fir méi kloer ze trennen tëschent der Dispositioun, déi besetzt, dass de Buergermeeschter dës Fonctioun erfëllt, an de Modalitéiten, wéi en an där Fonctioun och kann ersat ginn.

Et kënn ausserdeem en neien Artikel 69bis bäi, deen et dem Buergermeeschter erlaabt, sech am Fall vun engem Bestietnis oder Pacs vun engem Schäfteen oder Conseiller ersetzen ze loosse, ouni den Ordre des nominations mussen ze berücksichtegen.

Woubäi mer jo awer och wëssen, dass dëst schonn eng gängeg Praxis awer ass an enger ganzer Rei Gemengen. Och dat gëtt hei erëm e bësse méi Flexibilität. Et kënn jo oft vir, dass emol eng Koppel zu engem Schäfteen oder Conseiller och eng perséinlech Relatioun huet a sech am léifste vun där Persoun bestuede wëllt loosse. An am Rame vun den Disponibilitéiten vun de Mandatsträger wäert et deemno och méi licht sinn, dës Demanden kënnen nozekommen.

Wat d'Avis betrëfft, esou gouf et virun allem punktuell Remarken, deene bei den Amendementen zum Deel Rechnung gedroe gouf.

De Staatsrot gesäit am Projet de loi eng grondleeënd Verännerung an der Approche, wat d'Zeelebratioun vum Bestietnis ugeet. En ënnersträicht awer och, dass et sech heibäi ëm eng Upassung un d'Realitéiten an der Gesellschaft vun haut handelt, an dofir ass en och um Prinzip hier mat deenen Ännerungen d'accord.

D'Aarbechten an der Kommissioun: Jo, d'Inneministesch an d'Justizministesch hunn dës Gesetzesprojet iwwert d'Zeelebratioun vum Bestietnis ausserhalb vum Gemengenhais de 16. September 2021 zesummen deposéiert. De Staatsrot huet säin Avis dozou den 30. November 2021 ofginn. Den 10. Februar 2022 huet d'Regierung Amendementen gemaach, déi de Staatsrot den 8. März aviséiert huet.

Weider Avis vum Bezierksgeriicht vu Lëtzebuerg a vun Dikrech sinn och ofgi ginn. An och de Syvicol huet en Avis ofginn.

De Projet gouf an enger gemeinsamer Sëtzung vun der Interieurskommissioun an der Justizkommissioun

den 30. März vun den zoustännege Ministerinne presentéiert. An där selwechter Sëtzung gouf den Avis vum Staatsrot analyséiert an et gouf och e Rapportier genant. Déi zwou Kommissiounen hunn de Rapport de 4. Mee 2022 ugeholl.

Am Numm vun der LSAP wëllt ech soen, dass mer dervun iwwerzeegt sinn, dass gewëssen Zeremonien, déi Etappen an engem Liewen duerstellen, wéi e Bestietnis, d'Agog vum enger Partnerschaft, awer och e Begräfnis, niest dem juristesche Kader, an deem ee sech befënnt, och eng wichteg sozial Funktioun erfüllen. Zeremonië markéieren de Liewenslaf vun engem Mënsch. An an enger Gesellschaft, déi ëmmer méi sekulär gëtt, ass et wichteg, dass niest de reliéise Feieren och eng Offer besteet, fir dës Momenter mat der néideger Feierlechkeet an Dignitéit ofzehalen. An d'Gemenge kënnen och kloer e Bäitrag dozou leeschten, brauchen awer dofir de Fräiraum an och déi Autonomie, fir kënnen esou deene lokale Gegebenheete Rechnung ze droen.

An dësem Sënn begrëisst d'LSAP dëse Projet de loi a mir gi selbstverständlech och den Accord heizou.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Rapportier Dan Biancalana.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Gilles Roth (CSV)** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Dan Biancalana, dem President an och dem Rapportier vun der Interieurskommissioun, villmools Merci soe fir säi Rapport.

Ech soe ganz éierlech: Mir hunn dëse Gesetzesprojet de leschten Dëschdeg, also virun zwéi Deeg, relativ laang an der Fraktioun diskutéiert. Mir hunn diskutéiert, well et bei deenen 21 Membere vun eiser Fraktioun ënnerschiddlech Meinungen zu dësem Projet gouf.

Engersäits ass et esou gewiescht, dass ee gesot huet: „Mee et muss enger gesellschaftlecher Realitéit Rechnung droen! Et muss ee mam Fortschrétt viru-geen an et ass nun eemol e Fakt, dass ëmmer manner Bestietnisser an enger Kierch sinn. Där Realitéit muss ee Rechnung droen.“ An duerfir war déi Meinung, dass ee gesot huet: „Mee da soll een och deene Leit, déi dee fräie Choix hunn, eng richteg Zeremonie garantéieren!“

Déi richteg Zeremonie, mengen ech, kann an deene meeschte Gemeengebailechkeeten ... an do hunn d'Gemengen iwwert déi leschte Joren, Joerzénge vill Efforte gemaach a si hu flott Bestietnisraim niewent dem traditionelle Buergermeeschterbüro, wou nach virun zwanzeg Joer och op menger Gemeng d'Leit bestuet gi sinn, agericht. Et sinn aner Gemengen, déi wëllen deen Effort maachen, well se ganz einfach net d'Méiglechkeet hunn, an de Raimlechkeete vun hirer Maison communale – do wou jo eigentlech dem Code civil no sollt d'Bestietnis de Moment ofgehalen ginn – déi richteg Raimlechkeete ze amenagéieren.

An duerfir ass och déi Méiglechkeet, déi dëse Projet de loi begrëisst huet an och aféiert, zréckbehalen ginn, well dat hei jo net en Unikum zu Lëtzebuerg ass, mee well och an der Belsch an a Frankräich – an dat ass jo an dem Rapport vun dem Projet de loi och opgeléicht – déi Méiglechkeet schonn besteet.

Deen anere Point de vue, Dir Dammen an Dir Hären, dat war dee fir ze soen: „Et muss een d'Dignitéit vun deem Acte civil mariage héichhalen! Et muss een der Institutioun vun dem Mariage Rechnung droen!“ An

dat ass eng Institutioun, déi gëtt et schonn iwwer 200 Joer bei eis am Code civil a contrairement zu ganz villen Institutiounen ass déi hei eigentlech ganz wéineg geännert ginn. Dat Eenzege, wat richteg geännert gouf, dat ass, dass 2014 – iwwerengs och mat der Zoustëmmung vun der CSV – de Mariage ënner gläichgeschlechtliche Partner agefouert ginn ass. Mee wat d'Zelebratioun vum Mariage ubelaangt, ass zu Lëtzebuerg menges Wëssens ganz, ganz wéineg ëmgeännert ginn. D'Publikatioun am Reider steet schonn iwwer 200 Joer do.

De Mariage strukturéiert eigentlech dat gesellschaftlech Liewen zu Lëtzebuerg, well dat spillt op zivillem Plang mat Rechter a Flichte vis-à-vis vun deenen zwéi Ehepartner, dat spillt um Niveau vun dem Ierfschaftsrecht, et spillt um Niveau vun de Steieren an et spillt och um Niveau vun der Sécurité sociale, zum Beispill an der Krankekeess, zum Beispill um Niveau vun der Pensioun.

An duerfir war de Wunsch vun enger Rei vun onsen Deputéierten, dass se gesot hunn: „Mir hätte gär, dass den Akt vum Bestietnis net als Folklor ofdrift an dass duerfir de Buergermeeschter“, oder wien och ëmmer, well dat gëtt jo och ausgeweit, „net eigentlech zum Zeremonienmeister gëtt ënnert der Fuchtel vun enger privater Feier!“

An aus deem Grond deele mer als Fraktioun och den Avis vun dem Syvicol, dem Verbund vun onse Buergermeeschteren a Gemengeresponsabel, déi sech och favorabel fir dëse Projet ausschwätzen. Mir sinn awer der Meinung – an dat soen ech grad esou kloer am Numm vun eiser Fraktioun –, dass een dee Projet de loi, deen eng gutt Méiglechkeet virgesäit, fir dass och op anere Plaze wéi an der Maison communale ka bestuet ginn, dass een dat begrëisst.

Mee fir eis ass et awer grad esou kloer, dass dat net en Héichschaule gëtt an enger Gemeng, dass een x Plaze fënnt an op x Dierfer ..., well dat ass jo och eng Méiglechkeet, déi besteet, dass een an all eenzeler Uertschaft vun enger Gemeng esou eng Plaz virgesäit. Et ass eiser Meinung no och net gutt, wann et géif e géigesäitge Héichschaule ginn zwëschen där enger an där anerer Gemeng, fir ëmmer déi originellste Plaz ze fannen.

An duerfir sollt een déi Méiglechkeet hei wouerhuelen. Mee ech mengen, et ass d'Responsabilitéit vun de Gemeengeconseillere, déi jo am Endeffekt driwwer ofstëmmen, ob a wou an enger Gemeng nach zousätzlech zu der Maison communale ka bestuet ginn, fir dass dat restriktiv gekuckt gëtt.

No deene Bemierkungen, Dir Dammen an Dir Hären, ginn ech dann d'Zoustëmmung zu dësem Projet vun der CSV-Fraktioun.

### Plusieurs voix | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Roth. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Pim Knaff. Här Knaff, Dir hutt d'Wuert.

**M. Pim Knaff (DP)** | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, en Hochzäitsdag kann nach esou gutt geplangt, eng Brautkoppel nach esou schéi gekleet an och d'Gäschter esou monter an noeneegemaach sinn, wéi se wëllen, eng Salle de mariage bleift awer just am Fong e Gemengeraum: oft net ganz grouss, eventuell e bëssen almoudesch an an d'Jore komm, steif, enk, an ausser et huet ee Gléck, ass déi Persoun, déi ee soll bestueden, och nach en Onbekannten. Also net wierklech de Kader, an deem ee sech als Koppel Fidelitéit an éiweg Léift wëllt schwieren!

Traditiounen haten zu all Zäit an Epoch hiren Ursprung an hire Grond. Eng Hochzäit war nach ëmmer

e ganz feierlech Evenement, ma awer och seriö. Fréier war si den Iwwergang an en eegestänneg Liewen. Et ass ee bei den Elteren eraus- a mam Partner oder der Partnerin an eng eege Wunneng erageplënnert, fir dann do den eegene Stot ze grënnen.

Hautdesdaags sinn dës Traditiounen an eise Regione gréisstendeels iwwerlieft. D'Koppel kenne sech scho méi laang a wunnen och schonn oft zesummen. D'Hochzäit ass a bleift awer ëmmer nach dee grouss Schratt, deen et dësen zwéi Mënschen erlaabt, hiert Band fir d' éiwegkeet ze knäppen an domat d'Léift, déi ee fir deen aneren empfindt, zum Ausdruck ze bréngen vis-à-vis vuneneen an och vis-à-vis vun de Familljen, de Frënn a Kolleegen an der Gemeinschaft.

Et ass nach ëmmer e wichtigen Akt an e grouss Schratt, deen déi zwéi Partner hei mateneen huelen. E relativ seriöse Kader bleift also weiderhin ubruecht, natierlech och well een d'Dignitéit an d'Feierlechkeet vun deem Akt wëllt erhalen.

An awer: D'Zäiten hu sech geännert an et ass héich Zäit ginn, de Schleier vun deenen alen Traditionen weider ze lüften. An der Pandemie hunn d'Hochzäitsfeieren ausserhalb vun der Salle de mariage als Noutléisung scho musse stattfannen an et huet ee positiv Erfarunge konnte maachen. Dës positiv Erfarunge wëlle mer bäibehalen, och fir d'Zukunft.

Eng Hochzäit ass e Familjefest a virun allem oft e ganz emotionaalt Fest, wou d'Frënn an d'Famill zesummekommen, fir ze feieren an Deel vun dësem wichtigen Moment am Liewe vun der Koppel ze sinn. Hei sief et gesot, dass vill Koppelen net méi an der Kierch feieren. Déi zivill Trauung ass domat also deen eenezegen, den Haaptdeel vun der Feier. Wéi sou also net den zivilen Akt vun der Hochzäitsfeier mat enger Festlechkeet verbannen?

An dat an engem deementspriedend festleche Kader, deen en eenzelne Raum an engem Gemengenhais net ëmmer ka garantéieren. An da muss et och méiglech sinn, dass jiddereen, deen invitéiert ass, sech och kann dru bedeelegen, an net dass d'Famill eventuell bannen am Gemengesall dierf setzen, d'Frënn a Kolleegen – „la famille du cœur“ – dann awer musse bausse waarden an net un der Zeremonie kënnen deelhuele.

Hautdesdaags wënschen d'Mënsche sech Flexibilitéit. D'Plaz, wou si sech d'Jo-Wuert ginn, soll si usprechen. Si solle sech do wuelfillen. Eventuell hu si eng Erënnung un dës Plaz, eppes wat se do zesummen erlieft hunn, oder vläicht huet déi Plaz fir si eng besonnesch Bedeutung.

Traditiounen si wichteg, ma mir dierfen eis awer net selwer mat ale Gesetzer am Wee stoën! Mat all Zäit kommen och nei Traditiounen an deene gëllt et, elo och an Zukunft nozkommen.

Eng Hochzäit ass haut net méi just en administrativen Akt. Eng modern Hochzäit ass representativ fir d'Koppel an hir gemeinsam Zäit zesummen, déi, déi scho war, an déi, déi nach wäert an Zukunft op si zoukommen. Et ass och hir Geleeënheet, hire speziellen Dag esou ze gestalten, wéi si e fir ëmmer an Erënnung wëllen halen.

Am Verglach zu de Feiere bannent dem Gemengenhais ass et eigentlech fir jiddereen méi eng schéin Erfahrung. Wou d'Hochzäitsgesellschaft bis elo an engem Raum zesummesou, schéi brav an enger Rei, firwat net haut am Gemengesclass oder am Park? Eis Gemengen uechtert d'Land hu vill schéi Plazen. A firwat soll een déi net notzen, fir grad de schéinsten Dag aus dem Liewe vun enger Koppel nach méi schéin ze maachen?

Als DP ass et eis immens wichteg, de Mënschen dës Fräiheet ze loossen. En Hochzäitsdag ass fir all Koppel



mat ee vun deene wichtigsten Deeg an hirem gemeinsamen Liewen. Als DP könne mir eis nümme freeën, dass et fir d'Koppelen elo méiglech gött, dësen, hiren Dag no hire perséinleche Virstellungen individuell ze gestalten.

Zum Schluss géif ech nach dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools Här Knaff. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Hären, mat deem Gesetzesprojet hei féiere mer d'Moderniséierung bei der Duerchféierung vun den Hochzäiten an och de Pacs-Feieren an. Mir schafe méi Flexibilitéit bei der Plaz, wou se kënnen stattfannen, an och an dem Punkt, wien d'Zeremonie kann duerchféieren. Mir droen domat enger gesellschaftlecher Realitéit Rechnung a kommen och den Erwaardunge vun de Leit dobaussen no, déi sech bestueden oder och pacse wëllen, fir dass mer zäitgeméis Antwerten op hir individuell Besoine fannen.

De Gemengerot kann hei decidéieren, op wat fir enge Plazen d'Hochzäit iwwerall ka stattfannen. Nieft der Gemeng kann dat op historiesche Plaze sinn. Dat kann och a Centre-culturellen, Festsäll, öffentleche Schlässer an och Parke sinn. An de Buergermeeschter kritt et och méi einfach gemaach, fir déi Missioun weiderzedelegéieren. Dat heescht: Et ginn hei wierklech Méiglechkeete geschaf, fir dem Wonsch vun der Koppel besser Rechnung ze droen an och den individuelle Besoinen, déi déi verschidde Leit hunn.

Ech wëll och nach eng Kéier kloer soen, dass mer eis jo heimadde wierklech am Kader vun der Mengengautonomie entwéckelen. Dat heescht: All Gemengerot ass hei souverän ze decidéieren, wat e wëllt maachen. Ech mengen och, dass et do dann ëmmer nach eng Decisioun ass vun deene Leit, déi d'Soen an der Gemeng hunn, fir déi Decisioun ze huelen, a fäerten och dofir eigentlech net, dass et do kéint zu engem Drock tëscht de Gemenge kommen. A wann deen dann do ass, dann ass dat eng natierlech Konkurrenz, grad wéi och bei villen anere Servicer d'Gemenge gefuerdert sinn, och emol op den Noper ze kucken, wéi deen et mécht. A vläicht mécht d'Nopeschgemeng et besser an da sinn ech e bësse motivéiert, et och a menger eegener Gemeng besser ze maachen.

Dat, wat mer während der Pandemie och als Noutléiung haten an e Provisoire ass, gött haut also eng endgültig Ännerung. Ech hat selwer d'Éier, wann ech richtig gezielt hunn, véiermol bei deem heite Punkt Rapporteur ze sinn, an ech wëll dofir dann dem Dan Biancalana och felicitàiere fir säi ganz gudden mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech hat a mengem leschte Rapport geschriwwen, dass 60 Gemenge vun deenen Dispositiounen profitéiert hunn. An ech hunn elo am Rapport vum Dan Biancalana just nach vu 37 Gemenge gelies. Ech wollt dofir d'Ministesch froen, ob da meng Interpretatioun richtig ass, dass bei deene leschte Gesetzter am Fong manner Gemengen dunn dovun profitéiert hunn.

A gläichzäiteg steet jo och am Rapport, dass d'Gemengen awer allgemeng eng ganz positiv Erfahrung dermat gemaach hunn. Dat heescht, ech géif mech freeën, wann d'Ministesch eis nach e puer Explikatiounen kéint dozou ginn. A gläichzäiteg hoffen ech

natierlech, dass am Interessi vun onse Bierger an de Koppelen an Zukunft nach méi Gemengen heivunner wäerte Gebrauch maachen.

Dat Ganz geet awer eigentlech net op en Zoufall vun der Pandemie zrëck, mee et war och am Koalitiounsaccord vun der Majoritéit scho virgesinn. Nämlech, dass mer d'Moderniséierung bei den Zeremonië kréien. Am Koalitiounsaccord steet engersäits vun den Hochzäiten, awer anersäits och vun de Begrëfnisse, dass och déi Legislatiounen géife moderniséiert ginn, dass d'Texter do generell géifen iwwerkuckt ginn.

An dofir wollt ech och do profitéieren, fir d'Regierung ze froen, wéi se mat dem Iwwerschaffen oder mat dem Iwwerkucke vun deenen Texter virukënt a wat do vläicht geplangt ass?

Duerch d'Sekulariséierung wüsst natierlech d'Demande fir Zeremonien ausserhalb vun dem reliéise Kontext. A mat deem heite Gesetz gi mer also eng wichteg Äntwert drop a mir kommen domadder och enger Demande an der Populatioun entgéint.

Et gött awer nach ganz vill aner Zeremonien, bei deenen trotzdeem de Besoin an der Populatioun do ass, och wann d'Kierch se manner iwwerhëlt. Ech soe lo mol: de Rôle vum Pätter a vun der Giedel, also dat, wat traditionell bei enger Daf akteiert ginn ass – och vill Leit, déi keng Daf maachen, schwätze sech awer derfir aus, hirem Kand e Pätter oder eng Giedel zouzeschreiwen –, den Iwwergang an d'Erwuessenenalter an natierlech d'Partnerschaftsfeieren an och den Doud.

Et muss een awer soen, dass natierlech déi zivill Acteuren net déi Erfahrung hunn an och net onbedéngt déi Moyenen hunn, wéi d'Kierch se iwwer Joerzëngten, Joerhonnerten an nach driwwer eraus opgebaut huet. An dofir ass dat, mengen ech, wierklech en Challenge fir ons Gesellschaft, dee mer mussen ugoen. An d'Fro stellt sech wierklech, wien dee Rôle och an der Zukunft iwwerhëlt. Ass dat de Staat oder ass dat vläicht och éischter d'Zivilgesellschaft?

D'öffentlech Hand, menge mir, huet do ganz sécher en Deel ze iwwerhuelen. An dësen Text, dee gött och dorobber Äntwerten. Dee Wee musse mer natierlech och weiderentwéckelen, fir eeben déi richteg Äntworten ze fannen op d'Besoinen, déi et an onser Populatioun gött. Ech denken do zum Beispill och drun, dass déi Gewalt nach kéinte besser forméiert ginn och dorop, fir déi Zeremonien ze halen, sief et bei Bestietnisse, awer och bei Begrëfnisse. A vläicht gedenkt d'Ministesch och do, de Gemengen oder den Eluen eng Hand ze reechen, fir hinnen ze hëllefen, dee Rôle, dee méi grouss an nächster Zäit gött, nach besser ze iwwerhuelen.

Eng aner Fro, déi sech natierlech stellt, ass déi vun de Raimlechkeeten iwwert dat, wat mer elo mat deem heiten Text maachen, raus. Wéi gesot, ech hu virdru ganz vill Beispiller genannt vu verschiddene Feieren, wou et e gesellschaftleche Besoin gött, an ech mengen, dass och do an Zukunft d'Gemengen natierlech gefuerdert sinn, fir Äntworten ze ginn op déi gesellschaftlech Besoinen.

Dat heiten ass e ganz wichteg Gesetz, am Sënn dass mer enger gesellschaftlecher Verännerung Rechnung droen. Hei maache mer et am Sënn vun enger Moderniséierung bei den Hochzäiten. Dat selwecht maache mer och a mussen mer och op anere Plaze maachen. An dofir ginn ech ganz gären a mat grousser Freed den Accord vun der grénger Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wëll mech kuerzfaassen. Ech wëll fir unzefänken dem Här Dan Biancalana en häerzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, dat meescht ass vu menger Virriedner gesot ginn. Et huet kee Wäert, fir dat alles ze widderhuelen.

Mee ech wëll awer op zwee Punkten opmierksam maachen, déi ech elo nach net héieren hunn. Deen ee Punkt ass: Et misst menger Meinung no selbstverständlech sinn, d'Hochzäite ware bis elo gratis an dat misst jo och gratis bleiwen, egal a wat fir engem Raum datt elo an Zukunft dës Zeremonie gehale gött.

An dann deen zweete Punkt, an dat hunn ech elo déi Deeg festgestallt, wéi ech d'Gesetz nach eng Kéier nogelies hunn: Et steet am Fong geholl a kengem Punkt, dass ee Raum um Mengengenterritoire soll barrièrefräi sinn. Dat wëllt soen: rollstullgerecht. Ech hunn et net fonnt. Et ka sinn, dass et iergendwou steet, mee ech mengen, et wier awer eng Recommandatioun un d'Gemengen: Wa se schonn nei Raim festlee fir hir Zeremonië vun der Hochzäit, dass se op d'mannst ee Raum deene Leit zur Verfügung stellen, déi op e Rollstull ugewise sinn. Ech mengen, dat wier eng gutt Saach. Ech hunn et néierens gelies, mee ech hoffen, dass et Friichten dréit.

An ech géif Iech da Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. An da wier et un där honorabelen Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech maachen et och ganz kuerz. Als Alleréisch emol dem Rapporteur villmools merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Mir begrëssen natierlech dës Projet de loi a mir wäerten deen och matstëmmen, obscho mir zwee Punkten hunn, bei deene mer frou gewiescht wieren, wann et e bësse méi wäit gaange wär.

Dat ass als Éischt emol dat, wat d'Gebaier ugeet. Do hätte mir et begrësst, wann och Lokaler, déi net a Mengengen- oder Staatsbesëtzt sinn, kéinten – d'Betounung läit op „kéinten“! – mat consideréiert ginn. Well wann et Reegele gött fir d'Gemengen- an d'Staatsgebaier, da kann een déi och op anere Plazen ëmsetzen. Do kann ee jo och eng Konventioun mat deene Reegelen ausschaffen, déi einfach mussen agehale ginn, och am Privé.

Grouss Restauranten oder Infrastrukture mat Säll fir Catering an/oder bei Parkanlagen oder soss flott Plazen, déi sech fir eng Hochzäit eegnen an déi eebe verschidde Krittäre missten erfëllen an déi och selbstverständlech vum Gemengerot festgehele géife ginn. An och déi Saach vun der Gratuitéit fir de Sall misst natierlech gewährleistet sinn.

Fir just einfach e puer Beispiller ze nennen, dass Der wësst, wat ech mengen: D'Stad Esch huet e wonnerschöne Gaalgebierg mat Infrastrukturen drop, déi hir awer net gehéieren, wou een awer kéint eng Hochzäit feieren. D'Stad Diddeleng huet de Parc Le'h. Idem! E ganz flotte Restaurant derbäi. Iechternach mat sengem Séi: och eng ganz flott Plaz, wou een eppes kéint feieren. Dann d'Stad Lëtzebuerg mat Restauranten, wou vill flott Parken derbäi sinn. Da Mondorf, Schuller a Wickreng souguer – fir der just nach e puer ze nennen – si Stied an Dierfer, déi esou Säll an Infrastrukturen hunn; Mamer och dann. Ech hu jo gesot: fir der e puer ze nennen.

Ech wëll elo net d'ganz Gemengen hei opzielen, mee et gött wierklech ganz vill flott Plazen. Déi sinn eebe

leider net an ëffentlecher Hand, mee et wär awer derwäert, fir kënnen do eng Hochzäit ze feieren, well eeben de Restaurant oder aner Facilitéite mat derbäi sinn.

An deen zweete Punkt ass den Avis. Wéi et an dem Avis vum Syvicol steet, fanne mir och, datt et eng Delegatioun kéint ginn, déi dës Mariagen oder Pacsen ofhält, ouni datt se am Schännerot au cas par cas mussen decidéieren, fir kënnen ze delegéieren. Dat wier eng Simplification administrative, déi Sënn géif maachen. D'Fro vun der Responsabilitéit an der Surveillance, déi vun der Inneministesch an deenen dofen zwee Punkten an der Kommissioun och opgeworf gouf, loosse mer net gëllen, well déi besteet jo och fir all déi aner Kéieren. Dat heescht, déi besteet och fir an de Gemengegebaier. An déi besteet och fir all déi aner Kéieren, wou géif delegéiert ginn.

Voilà! Mee mir stëmmen et mat. A mir fannen, et ass wierklech dee richtige Wee, an et ass wierklech un der Zäit, dat do ze maachen.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Dat heiten ass e ganz sënnavollt Gesetz, well et ass dee schéinste Moment vum Liewen. A fir déi meeschte Leit ass en eemoleg. Net fir jiddereen, mee fir déi meeschte Leit ass en eemoleg. An ech hu bei menger Hochzäit schonn ëmmer gefrot, firwat dat just am Gemengegebaier soll méiglech ginn. Do war keng Logik derhannert. An dofir ass déi Fuerderung vun eis Piraten, déi mer scho laang haten, dass dat soll opgemach ginn, ... Dass dat elo endlech a Realitéit ëmgesat ginn ass, dat gefält eis ganz gutt. Och wa mir eis natierlech, wéi ech an der Kommissioun scho gesot hunn, eng méi grouss Ouverture gewénst hätten, wéi elo just op d'Gemengegebaier.

Ech hunn, zum Beispill, mech bewusst net an der Kierch bestuet. An ech hat do deemools da just d'Wiel vum Gemengegebaier. Haut ass et jo esou, dass d'Koppel soll kënnen decidéieren tëscht de Gemengegebaier bezéiungsweis de Staatsgebaier herno. De Problem, dee mir awer do gesinn, wéi ech och schonn an der Kommissioun ugedeit hat, ass: Wann ech elo zum Beispill bei mir an der Gemeng kucken, do ass ee Restaurant, deen uewendriwwer e Raum vun der Gemeng huet. Dat heescht, dee fält elo ënner dat neit Gesetz an da wäert deen e rísege Konkurrenzvirdeel hu par rapport zu engem Hotel, deen och an der Gemeng ass, an elo ëmmer d'Hochzäitskoppelen hat.

Ben, déi kënne jo uewen an hirem Raum an ënnen am Restaurant dann net méi dee selwechte Service ubidden. Dat ass dann eigentlech eng deloyal Konkurrenz, déi hei geschaaft gëtt, well deen aneren op sengem Site, dee Locataire an engem Gemengegebaier ass, dee kann dann uewe säi Raum ubidden an huet dann direkt och d'Clientë fir de Restaurant.

Dofir hätte mir Piraten eis gewénst, dass een do eng gewëssen Ouverture mécht. Natierlech ëmmer mat de Bedenken, dass et soll public sinn. Mee ech mengen, dat ass an engem groussen Etablissement vu Restaurants oder Hotelle jo net onbedéngt de Problem.

Dat selwecht zielt fir Schëffer. Dat gouf an der Kommissioun schonn eng Kéier ugedeit. Et wär ganz schéin, wann ee sech kéint op der Musel op engem Schëff bestueden. Dat wär ganz flott. Mir Piraten hätten an där Optik dofir gären e bëssen eng Ouverture gehat.

(Interruption)

Jo, ech weess, et fält mer och elo grad an. Et ass eigentlech ganz piratesch, wann ech elo d'Schëff als Beispill geholl hunn. Ech hätt och kënnen e Park huelen oder aner flott Saachen. Mee ...

(Hilarité)

... natierlech. Dofir: ...

(Interruption)

Mir hoffen, et wäert do an noer Zäit oder mat der nächster Regierung nach eng weider Ouverture kommen. Mee natierlech stëmme mer dat haut mat, well dat wierklech dee schéine Moment, ech soen elo net méi schéinste Moment, dee schéine Moment vum Liewen, dee meeschtens eemoleg ass, nach eng Kéier opwäerte soll. A merci eeben dem Dan Biancalana fir dee gudde Rapport. Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert. D'Madamm Inneministesch Taina Bofferding.

**Prises de position du Gouvernement**

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Här President, dat heiten ass u sech en effektiv klenge Projet, awer e Projet, dee ganz erfreesch ass a sécherlech ganz vill Leit dobause wäert glécklech maachen.

Well mir erlaben – an dat ass jo elo schonn e puermol gesot ginn –, deen awer praktesch schéinsten Dag vun enger Koppel nach méi schéin ze maachen, andeems mer eeben hinnen assuréiere kënnen, dass en no hiren individuelle Wënsch beschtméiglech kann organiséiert ginn.

Mir äntwere mat dësem Projet net nëmmen op de Wonsch vun enger Gesellschaft, déi sech ëmmer erëm weider verännert, mee och op de Wonsch vu Gemengen. Dat wëll ech och eng Kéier ganz kloer soen. Et sinn nämlech Gemengen u mech erugetrueden, déi sech grad hei méi Flexibilitéit wënschen an och gäre méi Fräiraum hätten, fir déi zivill Zeremonie betreffend d'Bestietnis an de Pacs kënnen ze organiséieren.

Ech ginn Iech hei just d'Beispill vun der Gemeng Fréiseng. Do war ech virun annerhallwem Joer beim éischte Spueteestéch vun hirer neier Gemeng. A si hu mol keen Hochzäitssall méi virgesinn, well se eebe vun dësem Projet de loi Kenntnis hatten a se drop waarden, dass dat heite gestëmmt gëtt, well se eng ganz aner Plaz en vue hunn. Et ass och eng ganz schéin Plaz, déi se erausgesicht hunn, déi och hei an d'Krittäre fält, fir an Zukunft kënnen do eebe Bestietnisser a Pacsen ze organiséieren.

Dir gesitt also, dass och eng Demande ganz konkret vum Terrain ass.

Bis haut hu mer 37 Gemengen, déi op déi Dispositioun do zrëckgräifen. Ech weess elo net vu wou déi 60 hierkommen. Et si vläicht 60 Gebaier, déi domadder gemengt sinn. Mee et sinn effektiv 37 Gemengen, déi haut dovunner profitéieren.

Et war e bëssen d'Diskussioun opkomm, och elo hei am Debat, an och an der Kommissioun, ob een do net nach kéint méi wäit goe respektiv wéi vill Flexibilitéit een de Gemenge sollt ginn, respektiv ass jo nach eng Kéier kuerz drop agaange ginn, dass mer sollen oppassen, dass mer elo net de feierlechen Akt vum Bestietnis zu engem Folklor degradéieren.

Ben, laang Zäit – ech mengen, dat muss een och eng Kéier esou soen – war et hei am Land Tradition, dass

eng Koppel op d'Gemeng ënnerschreiw gaangen ass an dat u sech als e reng administrativen Akt gesinn huet. An déi eigentlech grouss Feier – ech denken elo un d'Fraen, déi dann emol de wäisse Rack unhunn – war meeschtens an der Kierch, wou da gefeiert ginn ass. Haut gesäit een, dass awer ëmmer méi Koppelen déi Zeremonie, dee Moment op der Gemeng, als hiren Haaptakt gesinn an deen och gäre wëlle sou festiv wéi méiglech feieren.

Et gëtt ëmmer méi Leit, an dat hunn och schonn e puer Riedner gesot, déi sech aus verschiddene Grënn net méi an der Kierch bestueden. A fir déi gëtt et net vill Alternativen. Mir gesinn, dass natierlech déi laizistesche Zeremonien ëmmer méi zouhuelen. Och op déi gräifen ëmmer méi Koppelen zrëck. An trotzdeem, mengen ech, ass et och an eiser Verantwortung, eeben de Kader esou kënnen ze gestalten, dass d'Politik hei déi Flexibilitéit gëtt, dass dee feierlechen Akt op der Gemeng och hire Wënsch soll entspriechen.

Wann ee vun deene laizisteschen Zeremonien ausgeet, muss een och soen, dass déi jo net am Kader vun de Gemenge sinn. Déi si jo net ëffentlech. Déi hunn e Käschtepunkt. An ech mengen, och dat sollt eis awer alleguerten zum Nodenke bréngen, dass mer eeben hei an der Verantwortung sinn, alleguerten de Biergerinnen a Bierger déi selwecht Zeremonien, déi selwecht ëffentlech Services ze garantéieren, esou, dass hir Haaptzeremonie herno net soll vum Portmonni oder vun der Reliounsougeheieregkeet ofhängeg sinn.

An Zukunft steet et de Gemenge fräi, dann elo kënnen op déi heiten Dispositioun zrëckzegräifen. Dat ass den éischte Choix, deen eng Gemeng muss treffen. Mir hoffen natierlech als Regierung, dass ganz vill Gemengen heivunner wäerte profitéieren. An dann ass et um Gemengerot, dee Moment déi verschide Plazen erauszesichen, wou si dann an Zukunft wëllen d'Bestietnis an de Pacs ofhalen.

Mir hu sechs Krittäre fixéiert. De Rapportier huet déi schonn ausféierlech erkläert. Eebe grad fir ze garantéieren, dass et ëffentlech bleift, dass et accessibel bleift. Do war och d'Fro komm: Wéi ass dat fir Leit mat enger ageschränkter Mobilitéit? Dat ass doduerch garantéiert, well et muss dee Moment engem Service public affektéiert sinn. Dat heescht automatesch, dass d'Leit mussen Accès zu dëse Gebailechkeeten hunn. Och dorun hu mer geduecht, fir dat eeben och hei ofzedeecken.

Schwierig gesinn ech et awer, fir och elo Plaze mat eranzehuelen, déi elo an enger privater Propriétéit sinn. An do muss ech soen, sinn ech och e bëssen iwwerrascht, grad vun deene Lénken, dëst ze héieren, fir dat souzesoe kënnen outzesourcen. Well d'Bestietnis, de Pacs ass awer nach ëmmer en ëffentlechen Akt. A mir halen och un deem fest.

A wéi ech virdu gesot hunn: Déi laizistesche fräi Zeremonie si flott, mee déi muss ee sech och kënne leeschten. An ech mengen, mir si jo awer hei derfir, dass d'Gemenge staark opgestallt sinn an dass se och hei kënnen dee Service hire Biergerinnen a Bierger garantéieren an dass se eeben net an d'Situatioun kommen, dass et herno eng Fro vum Portmonni ass, fir kënnen eng schéin Zeremonie ze hunn. Ech mengen, dat ass eng Verantwortung vun eis alleguerten, dass d'Gemengen dat dee Moment esou fixéieren, gemääss eeben dem Prinzip vun der Autonomie communale, esou wéi si et fir néideg halen.

An ausserdeem, wann et och an enger privater Lokalitéit stattfënt, dann ass och do den Accès erëm net garantéiert. An Dir wësst jo och, dass een zu all Moment muss fräien Accès hunn, wann zum Beispill een Asproch op e Bestietnis huet. Och dat muss



garantéiert sinn. Un deem Prinzip hale mer jo och am Gesetz fest.

Voilà! Dat nach eng Kéier kuerz zum Kader. Wéi gesot, et ass eng Reform, wou mer wierklech op eng Demande souwuel vun de Gemenge wéi vun de Leit dobauss reagéieren. An ech hoffen, mir hoffen, dass vill Gemengen dovunner wäerten elo Gebrauch maachen a wierklech hei kënnen hire Biergerinnen a Bierger nach méi e schéine Service offréieren an eeben derfir suergen, dass dee flotten Dag dann nach méi flott ka ginn, mat allem ronderëm. An dann hoffen ech elo, dass dann Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert einfach Jo sot.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Plusieurs voix** | Jo!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Inneministesch Taina Bofferding. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Jo. Also, Här President, léif Deputéiert, fir d'éischt e ganz grouse Merci un de Rapporteur Dan Biancalana. Ech sinn der Meenung, dass souwuel de Rapport komplett war wéi och d'Interventiounen vun den Deputéierten a vu menger Kolleegin Taina Bofferding. Duerfir wäert ech mech just deem ralliéieren, wat si elo grad gesot huet. An ech soen Iech Merci fir déi gutt Diskussioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, der Madamm Justizministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi ...

**Une voix** | Nee, Här President, et ass nach eng Parole après ministre.

**M. Fernand Etgen**, Président | Parole après ministre fir den Här Galles.

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President. Ech wollt just eng Fro stellen, well d'Madamm Inneministesch elo e puermol gesot huet, ... Ech hunn dat esou verstanen, wéi wa se wëilt soen, dass all déi net kierchlech Zeremonien automatesch laizistes sinn. Dat, fannen ech, ass net richtig. An dat wësse mir alleguerten. Do gëtt et ganz vill där fräi Trauungen, déi total neutral sinn an déi vu ganz ville Leit gehale ginn. Do gëtt et Schauspiel, déi esou Saachen halen. Do gëtt et Leit, déi esou Saache maachen, wat ech eng ganz flott Form fannen. Ech fannen, dat muss een awer och derbäi soen, dass déi Neutralitéit eebe grad dat Interessant ass an deenen doten Zeremonien, déi do ugebuede ginn.

Ech wollt dat just kloerstellen, well ech wëll net, dass et anescht iergendwéi verstane gëtt.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Galles. Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zréck un d'Madamm Ministesch.

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Ech mengen, do si mer eis komplett eens, well ech hunn näischt aneres behaupt. Ech mengen, wat wichteg ass, dat ass, dass mer eebe mat deem Gesetz hei de Leit méi Méiglechkeeten ginn an dass mer eeben eng flott Feier nach méi flott kënnen maachen. A jidderee soll sech dann eeben déi Form eraussichen, wéi en am léifste gär wëllt bestuet ginn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci fir déi Preziosioun.

Da kënnen mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7886 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 7886<sup>6</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7886 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## **6. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des transports publics dans les régions rurales du Grand-Duché**

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert den ëffentlechen Transport am ländleche Raum, déi d'CSV-Fraktioun ugefrot huet. An ech géif direkt d'Wuert ginn un den honorabelen Här Aly Kaes als Vertrieeder vun der CSV-Fraktioun. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

### **Exposé**

**M. Aly Kaes** (CSV) | Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 80 % vun eisem Trafick sinn hausgemaach. Dat sot de Mobilitéitsminister François Bausch den 22. Abrëll op senger Pressekonferenz zum Plan national de mobilité. An deem Kontext si mer och gewuer ginn, dass bis 2035 mat 40 % méi Trafick ze rechnen ass. Op 200 Säite gëtt elo analyséiert, gefuerdert a projezéiert, fir da feststellen, dass déi meeschte Verkéiersbeweegungen an oder tëschent den urbane Raim geschéien.

Am Groussen a Ganzen dréit de Plan national de mobilité ëm d'Ballungsgebidd mat hire Verkéiersproblemer a wéi déi kéinte geléist ginn.

Déi eigentlech Erausforderung, déi am PNM awer nëmme gesträift gëtt, ass awer den ëffentlechen Transport am ländleche Raum. A genau doriwwer wëll ech haut schwätzen. An och iwwert dat, wat

kuerzfristeg a konkret a puncto ëffentlechen Transport am ländleche Raum geplangt ass. An net eréischt fir an 10, 15 oder 20 Joer. Well mam demografesche Wuesstum vun eisem Land, ronn 12.000 zousätzlech Awunner all Joer, wissst och den Transportproblem ausserhalb vun de Ballungsgebidd.

Et geet hei ëm d'Fortbeweegung an ëm d'Fortbewegungsméiglechkeeten, déi een am ländleche Raum huet, wann een dann den Auto mol wëllt stoe loosse.

Op ville Plazen a fir vill Leit ass dat méi lichter gesot wéi gemaach. Déi jonk Leit aus dem Norden oder aus anere Regiounen gräfen zum Auto, fir an d'Schoul ze fueren oder op hir Léierplaz, well se mam Auto dacks zwee- bis dräimol esou séier op hirer Destinatioun si wéi mat Bus a mat Zuch.

A vill vun hinne mussen jo, jee nodeem wou se wunnen, duerch d'halleft Land fueren, well hir Ausbildung just op enger Plaz ugebuede gëtt. Zweek Beispiller heizou: Wie sech am Baufach wëllt ausbilde loosse, muss an de Lycée op Mamer. Wien e grénge respektiv e landwirtschaftleche Beruff wëllt léieren, muss an de Lycée technique agricole op Gilsdref. A mir wëssen alleguerten, dass et awer do keng Parkplaz fir Schüler gëtt. Meng Kolleegin a Kofraktiounspräsidentin Martine Hansen huet an diverse parlamentaresche Froe schonn op dese Mëssstand ganz dacks higewisen.

Firwat gëtt eigentlech, Dir Dammen an Dir Hären, permanent verallgemengert an den Auto verdäiwelt? Firwat gëtt ëmmer mam Finger op déi Leit gewisen, déi mam Auto fueren? D'Fro, firwat d'Leit dat esou maachen, gëtt iwwerhaupt net gestallt.

Jo, mam Hauptstadbrëll op der Nues a geblent vum Tram gesäit een d'Realitéit vläicht iwwerhaupt net.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Vill Leit huelen den Auto, well dacks kee Bus fiert, well den Takt net stëmmt oder well d'Zäit, fir vum Bus op den Zuch ëmzeklappen, ze knapps ass, sou dass een all Dag de Risiko ageet, den Uschloss ze verpassen an domadder ze spéit an d'Schoul oder op d'Schaff kennt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zilorientéiert Léisunge fir déi méi dënn besidelt Regiounen vum Land kënnen zum Beispill Zoubrengerbusser, Querverbindungen op Garen oder op Haaptachse sinn, wou dann Expressbuslinien a Richtung vun de Ballungsgebidd geife fueren.

Doriwwer eraus wier och e flächendeckenden – an et ass emol driwwer nodeduecht ginn an der Vergaangenheet – Ausbau vun der Ruffbus-Iddi eng Méiglechkeet, fir de Leit vum Land daagsiwwer eng Transportméiglechkeet ze ginn – jo, et kann ee soe sur mesure, ouni dass de ganzen Dag permanent grouss Linnebusser fuere mussen.

A fir de Flux mam Auto a Richtung vun de Ballungsgebidd net weider an d'Luucht goen ze loosse, missen op strateegesch sennvolle Plaze wéi Garen oder gréissere Bus-Arrête, déi zum groussen Deel schonn zanter Joren identifizéiert sinn, schnellstméiglech Park&Ridë geschafe ginn.

Mee ech muss Iech ganz éierlech soen: Ech sinn an deem Punkt absolut d'accord mam Mobilitéitsminister François Bausch, dass Park&Ride-Strategie a sech och just eng Tëscheleisung ass, well et eigentlech net vill Sënn oder kee Sënn mécht, wann do Honnerten Autoen all Dag zwoelf Stonnen a méi onbenotzt ganz einfach an der Landschaft stinn.

Wat muss also d'Zil vun eiser Regierung sinn? D'Zil muss et sinn, dass d'Leit op d'mannst een Auto

manner brauchen. Dofir brauch een awer en öffentlechen Transport vun identescher Qualität an Dispo-nibilitét an alle Regiounen an Ecke vun eisem Land.

Dozou gehéiert mittel- bis laangfristeg och den Aus-bau natierlech vum Eisebunnsreseau, zum Beispill Richtung Norden: Zweegleisegkeet. Soll dat net kën-nen oder wëlle gemaach ginn, wieren eng Rei Voie-d'évitementen eng Méiglechkeet, fir méi Zich kënne fueren ze loosse. A verschidden Zich missten och méi Capacitéit hunn. Dozou gehéiert och, wéi ech scho gesot hunn, den Ausbau vun de Buslinnen an d'Schafung vu Querverbindungen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwer-geuerdent Zil muss et och sinn, datt d'Leit an de ländleche Regiounen par rapport zu deenen an de Bal-lungsgebiddern keen Nodeel hunn. Bis elo hu vill vun hinne keng Wiel a musse vill Trajete mam Auto fue-ren, well den öffentlechen Transport net hire reelle Besoinen entsprécht. Si müssen den Auto huelen, tanken, Assurance a Steiere bezuelen an all dat, wat u Fraisen nach esou ufällt, wann een en Auto huet.

Och an de ländleche Regiounen, Dir Dammen an Dir Hären, muss een zu zwee schaffe goen, fir sech d'Liewen an d'Wunnen zu Lëtzebuerg leeschten ze kënne. D'Leit aus dem urbane Raum par konter – an dat soll wannechgelift net als Reproche verstane ginn – hu ganz einfach eng vill besser Offer virun der Hausdier, déi si en plus natierlech gratis notze kën-nen. Doduerch brauche se net onbedéngt en zweeten Auto a spueren vill Suen am Verglach zu deene Leit, déi um Land wunnen.

Wann den öffentlechen Transport scho gratis ass, da muss och jiddereen eppes dervun hunn. Wat notzt de gratis öffentlechen Transport wann en net flächendeckend an optimal organiséiert ass, respektiv wann en net ganz oder ganz beschränkt fir en Deel vun de Leit do ass?

Fir dëser dach ongerechter Situatioun entgéintze-wierken, muss kuerzfristeg alles drugesat ginn, fir den öffentlechen Transport an de ländlechen Deeler vum Land op dee selwechten Niveau ze bréngen, wéi dat an de Ballungsgebiddern de Fall ass.

**Mme Martine Hansen (CSV) | Très bien!**

**M. Aly Kaes (CSV) |** A soulaang dat net de Fall ass, misste fir déi betraffe Leit eng ganz Rei vu Kompensa-tionsmesuren agefouert ginn.

Denkbar wier zum Beispill, déi scho méi dacks gefue-der Kilometerpauschal ze erhéijen, respektiv kéint een och eng ganz Rei vun anere Kompensatiounen erméiglechen.

Fir ofzeschlüsse wëll ech d'Situatioun vun de Leit am ländleche Raum am Verglach mat de Leit am urbane Raum nach eng Kéier resuméieren a plakativ duer-stellen: Wien um Land wunnt, huet op ville Plaze kee gudden öffentlechen Transport an duerfir awer op d'mannst dat Duebelt u Käschen, well pro Haushalt zwee Autoe gebraucht ginn an doriwwer eraus nach vill méi Kilometer gefuer ginn.

Déi aktuell Mobilitéitspolitik ass net am Interêt vun de Leit am ländleche Raum. Dat ass ongerecht an dat därer a sech net esou bleiwen.

Wat gedenkt also d'Regierung an där Hinsicht ze maachen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem Sënn soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance |** Merci och dem Här Kaes. Dat war, wat een nennt: eng Punktlandung!

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Max Hahn (DP) |** Villmools merci, Här Presi-dent. Wann ee sech d'Problemer an der Mobilitéit zu Lëtzebuerg ukuckt, ass d'Stärkung vum öffentle-chen Transport u sech eng Evidenz. D'Tatsaach, dass laang Joren den Auto am Zentrum vun der Mobili-téitspolitik stoung, huet zu deem gefouert, wat mir haut erliewen: Stau, iwwerfëllte Stroossen an en Transportsecteur, dee fir zwee Drëttel vun eisen CO<sub>2</sub>-Emissiounen responsabel ass.

Derbäi kënnt den Duerchgangsverkéier, deen a vil-len Uertschaften net just d'Liewensqualität, mee och d'Gesondheet vun de Leit däitlech belaascht.

Wa mer deene Problemer wëlle Meeschter ginn, ass et fir eis als DP kloer, dass mir eng Verkéierswend müssen hikréien. Dat heescht op kee Fall, den Auto ze verdäiwelen, mee dat heescht, eng gutt an zouver-lässeg Alternativ zum Auto unzëbiden, egal wou ee wunnt.

Déi lescht Joren ass esou munches geschitt am öffent-lechen Transport. Et ass immens vill investéiert ginn, sou vill wéi nach ni virdrun. Zuch, Tram, Park&Ridë si massiv uechtert d'Land ausgebaut ginn a ginn och nach weider ausgebaut.

Hu mer domadder dee ganze Retard kënne ophue-len, dee mer an deem Beräich hunn? Natierlech net. Et bleift sécherlech nach ganz vill ze dinn. Mir müssen eis Efforten dofir konsequent weiderféieren. Kucken, wat gutt leeft an do nobesseren, wou mer Saachen detektéieren, déi net funktionéieren.

En attraktiven a performanten öffentlechen Transport an enger Stad op d'Been ze stellen ass natierlech eng aner Saach wéi am ländleche Raum. Als DP si mir der Meenung, dass grad hei Multimodalitéit eng wichteg Roll spillt. Net all Duerf kann eng direkt Verbindung riicht an d'Stad hunn. Et ass onrealistesche ze mengen, et misst een aus all Eck vum Land um direkte Wee op seng Destinatioun kommen, am beschten, ouni ëm-zeklappen.

Mir müssen hei pragmatesch sinn. Et ass sécher méi sënnavoll, zum Beispill mam Auto oder mam Vëlo oder ze Fouss bei déi nächst Gare ze kommen oder bei eng Expressbuslinn, déi op verschiddene groussen Achse fueren, an da fiert ee vun do aus mam öffentlechen Transport weider. Oder et hëlt een en Zubringerbus bis bei den Zuch. Dat just als generell Iwwerleung.

An der Theorie kléngt dat alles och ganz gutt! Mee fir eis als DP kënnt et dorop un, wéi d'Praxis duerno aus-gesäit. Fir eis zielt virun allem d'Resultat. Mir wëllen eng Mobilitéitspolitik maachen, déi op Fakte baséiert, op Etüden an Zielungen, fir genoe ze kucken: Wat ass am sënnavollsten? Wou läit de Besoin vun de Leit? A wéi kréie mer d'Leit am beschte vun A op B transportéiert?

D'Reform vum RGTR-Reseau huet eiser Meenung no am Fong genoe dës Approche berücksichtegt. Et sinn Donnéeën gesammelt ginn. Et gouf Concertatiounen mat de Gemengen, mat de Bierger. Si sinn ëm hir Meenung gefrot ginn an doropshi sinn eng Rei Upas-sunge gemaach ginn.

Et héiert een ëmmer erëm vun där enger oder där anerer Linn, wou d'Situatioun sech anscheinend fir verschidde Leit verschlechtert hätt. Als DP soe mer ganz kloer: Et kann net d'Zil sinn – an dat ass et jo och net vum zoustänneg Minister –, dass d'Leit erëm den Auto huelen, well de Bus keng Optioun méi fir si ass. D'Mesuren, déi mer huelen, sollen net kontrapro-duktiv sinn. Mir hätt jo gär, dass d'Leit méi mam Bus a mam Zuch fueren an net manner.

Mee mir müssen och d'Gesamtbild kucken. Wann den neien RGTR-Reseau bis Mëtt Juni komplett ëmgesat ass, muss onbedéngt eng komplett Evaluatioun ge-maach gi fir ze kucken, wéi erfollegräich d'Reform tatsächlech ass, ob déi gesaten Ziler erreecht goufen, ob de Bus méi attraktiv ginn ass a wéi zefridden d'Leit sinn. Da muss ee faktebaséiert kucken, op eng objek-tiv Aart a Weis, an da muss natierlech do nogebessert ginn, wou dat néideg ass.

Als DP hätt mir gär, en gudden, en zouverlässeg an attraktiven öffentlechen Transport fir jiddereen, iwwerall am Land, egal, wou ee wunnt.

Dëst gesot, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren an dem Kolleeg Aly Kaes e ganz besonnesche Merci, dass hien dës Aktualitéitsstonn op den Ordre du jour gesat huet.

**M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance |** Mir soen Iech Merci a ginn direkt d'Wuert weider un de Carlo Weber. Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

**M. Carlo Weber (LSAP) |** Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, dem Här Kaes villmools merci fir d'Aktualitéitsstonn zu der Mobilitéit am länd-leche Raum.

Vu Wëntger bis hei an d'Stad, dat si 75 km. Wann een do e Rendez-vous huet, dann ass dat net ëmmer esou einfach. Do muss ee sech vill Gedanke maachen, fir matzäit do ze sinn. Sief dat, ob ee mat sengem eege-nen Auto kënnt oder mam öffentlechen Transport.

Déi Punkten, déi d'Kolleege vun der CSV hei uge-schwat hunn, fënnt ee méi oder manner am Mobi-litéitsplang erëm, dee jo viru Kuerzem an der Mobilitéitskommissioun virgestallt gouf.

D'Qualitéit vum öffentlechen Transport, Park&Riden, Vëlosnetzer a Konzepter wéi de Ruffbus sinn alles Ins-trumenter aus der Mobilitéit, déi sech bewäert hunn. Hei muss virugeplangt an investéiert ginn. Just: Wat an der Theorie ganz schéi kléngt, geet an der Ëmset-zung net ëmmer esou a gesäit um prakteschen Ter-rain ganz anescht ass.

Wann een aus dem Éislek kënnt oder aus dem Gros vum ländleche Raum, dann ass et net esou einfach, séier mam Auto oder mam Vëlo op deen nächste Park&Ride ze fueren. Dofir gëtt et zwee Grënn: éisch-tens gëtt et am Norde keen nationaalt Vëlosnetz, zweetens sinn et laang Strecken, laang Stroosse bis zum nächste Park&Ride. Op Geoportal gesäit een, datt d'Parkinge sech duerch d'Mëtt vum Land laanscht d'Zuchstreck zéien an aner Parkingen, Park&Ridë vermësse mer e bësse méi am westleche Raum, Richtung Stauséi-Gemeng.

Wat ee méi wäit vun de gréissere Stied ewechgeet, wat et manner attraktiv ass, fir op den öffentlechen Transport zrëckzegräifen.

Flächendeckend misst ee vläicht och drun denken, fir d'Gemenge ronderëm de Stauséi – ech denken hei un d'Stauséi-Gemeng, d'Gemeng Bauschelt, d'Gemeng Esch-Sauer –, fir do eventuell e Park&Ride um Areler Poteau, eventuell och een am Réidener Eck ze plan-gen. Ech denken hei un eng Buslinn, déi direkt misst lafe fir de Beruffsverkéier, fir déi Leit do matzehue-len, zrëck op d'Plaz ze féieren. Ech denken och un de Weekend an de Summer-Méint, wou um Stauséi d'Plazen all iwwerlaf ginn, wou d'Dierfer voller Autoe stinn, et dacks zu Sträitsituatiounen kënnt, well Afaarte blockéiert sinn an alles blockéiert ass.

**Une voix | Très bien!**

**M. Carlo Weber (LSAP) |** Deemno wär et wichteg, hei Park&Riden unzewenden an eventuell eng direkt Linn anzeféiere Richtung Stauséi wéi och an d'Stad. Ech denken, dat wär sënnavoll fir d'Beruffswelt an och



fir de Weekend, fir d'Fräizäitsportler an d'Leit, déi do fir den Tourismus eropkommen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Am ländleche Raum ass et net ëmmer esou einfach, well een ëmmer ... Also wéi gesot: An der Stad oder zu Esch, méi am Süden, kritt een all zéng Minutten e Bus oder en Tram. Am ländleche Raum ass dat net de Fall. Et muss een dacks eng hallef Stonn respektiv bei eis eng Stonn waarden. Do ass et dann net ëmmer esou einfach, well et huet ee keng direkt Verbindung. Direkt Verbindung, dat ass eigentlech dee grouse Problem. An no der RGTR-Reform fuere leider ganz vill Bussen eidel duerch d'Dierfer. Ech denken, dat ass dorop zréckzuféieren, datt et keng direkt Verbindunge gëtt.

Wann ech elo hei op mäin Handy kucken, bräicht ech zum Beispill bal zwou an eng hallef Stonn mam ëffentlechen Transport, fir hei erofzekommen. Wéi gesot, et felt un direkte Verbindungen.

Grad am ländleche Raum géif et Sënn maachen, denken ech, e Ruffbus anzeféieren op den Haaptachsen; déi Linne bäibehalen, zu de Spëtzenzäiten natierlech d'Haaptlinne bäibehalen an do dertëscht eventuell Ruffbussen anzesetzen.

Ech ginn Iech nach e Beispill: Wann ech aus der Wëntger Gemeng op de Stau fuere mam ëffentlechen Transport, brauch ech annerhallef Stonn. Ech muss dann awer dräimol ëmsteigen. Wann ech mat mengem eegenen Auto fueren, brauch ech zwanzeg Minutten.

Wat de Vëlo betrëfft: Grad elo an der Coronazäit hu mer gemierkt, wéi schéin an attraktiv de Vëlo ass. Mir haten och als LSAP an eise Walprogramm stoen, mir missten onbedéngt weider an eist Vëlosnetz investéieren. Mir brauche vun der Strooss ofgetrennte Vëlosweeër, déi sécherstellen, datt jiddereen zum Zil kënnt.

Wa mir déi richteg Vëlosweeër hunn, da komme mer och mam Vëlo gutt vun A op B. Fir d'LSAP sinn den ëffentlechen Transport an d'Mobilitéé douce absolut Prioritéiten am Verkéiersberäich. Wichteg ass dobäi, datt mer en intelligente System hunn, deem d'Leit virubréngt an dat op kuerze Weeër.

Am neie Mobilitéétsplang ginn all dës Saachen ewell ugeschwat, mol méi mol manner am Detail. Elo mussen iwwerall am Land prezis Neel mat Käpp gemaach ginn. Do gëllt et, engersäits dem Staat ze hëllef, an anersäits mussen d'Gemenge sech virun aktiv setzen, soss riskéiere mer Blechlawinen a Verkéiersknet, wéi mer se all Dag zu Ettelbréck erliewen, virun ze hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Här President, ech sinn nach net laang hei an dësem Geschäft. Ech muss awer soen: Am Dossier vun der Mobilitéé muss ech mer all Dag Froe stellen, well ech selwer all Dag am Stau halen. Probleemer lafen eis hei fort. Mir kommen de Probleemer net méi no, bedauern, datt d'Mobilitéétskonzept, sou wéi dat vum Här Bausch hei presentéiert gouf, esou en änlecht Konzept ass wéi dat, dat virun 10, 15 Joer presentéiert gouf. Ech erënneren drun: Den deemolege Bauteminister war vun der CSV. Et ass eebe méi liicht op aner Leit ze klappen, wéi selwer eppes ze ënnerhuelen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Carlo Weber** (LSAP) | An deem Sënn a puncto Mobilitéé: Ech hoffen, datt mer virukommen op deem Wee a soen Iech villmools Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. A wann ech dat richteg gesinn, dann ass deen nächsten ageschriwwene Riedner den Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Mobilitéé ass e mënschlecht Grundbedierfnis, dat eis alleguer all Dag op en Neits betrëfft. An zwar egal, ob mer an der Stad, engem Duerf, am urbane Milieu oder am ländleche Raum liewen oder schaffen.

Wat awer tëscht urbanem a ländlechem Raum änert, ass d'Unzuel vu Mënschen, déi vun A op B wëlle kommen, respektiv déi gläichzäiteg genau dee selwechten Déplacement wëlle maachen.

An dowéinst kënnen d'Äntwerten a puncto Verkéiersmëttel och net identesch sinn. Genau dee Constat steet jo haut och am Zentrum vun der nationaler Mobilitééspolitik. Egal, ob urban oder rural, d'Zil vun der aktueller Politik ass et, méiglechst vill Mënschen ze transportéieren an net méiglechst vill Gefierer zesummen an e Stau fueren ze loosse.

Och deen neie Plan national de mobilité 2035, deem de Minister Enn Abrëll virgestallt huet a wou och haut den Owend eng regional Informationsversammlung fir de Süden ass, baut dorobber op. De Plan national de mobilité beweist, datt en Tram an enger Grousstad fir gewëssen Achse Sënn ka maachen an den Auto weesentlech manner. Gläichzäiteg huet en Tram am ländleche Raum iwwerhaupt keng sënnvoll Funktioun. Jo, an op verschidde Plazen och emol net de klassische Bus! An et gëtt eng ganz Rei Déplacementen am ländleche Raum, fir déi den Auto tatsächlech dat effikassst Mëttel ass. Dat kann e Privatauto sinn, mee och eng Carsharing-Geleeënheet oder eng méi abordable Taxi-Méiglecheit.

Well ech a menge puer Minutten hei net op all Volet kann agoen, wëll ech méi geziilt op de Vëlo an de Bus, inklusiv de Ruffbus, agoen, zu deenen ech eng Rei prinzipiell, mee och praktesch an organisatoresch Froen hätt.

D'Emstrukturéierung vum RGTR-Reseau ass e ganz wichtege Bausteen, fir de Leit eng besser Mobilitéé ze erméiglechen, respektiv grad am ländleche Raum méi Leit d'Fräiheet ze ginn, sech kënnen ouni Auto ze deplacéieren. Mee de Bus kann natierlech och net zu all Zäit a fir jiddereen eng optimal Léisung bidden. Virun allem ass et awer wichteg, datt d'RGTR-Reform – an dat sot de Minister jo schonns dacks – net a Stee gemeesselt ass, mee elo schonns e puermol, grad och wéinst de Besoine vun ländleche Raum an op Wonsch vu Bierger a Gemengen, ugepasst ginn ass. An dat wäert och an Zukunft periodesch de Fall sinn.

Et sinn net nëmme nei Linne bäikomm, grad och Querverbindungen innerhalb vun de ländleche Gemengen, mee och méi Busser an de Stousszäiten, moies méi fréi a virun allem owes méi spët a besser Kadenzen de Weekend. Et ass en nationale Busreseau, deem net nëmme gratis ass, mee och esou en dicht Linnennetz huet wéi keen zweet an Europa. Trotzdeem gëtt et natierlech Verbesserungspotenzial. Verbesserung heescht awer, méi Leit eng besser Offer ze garantéieren, an net just deene Leit, déi am meeschte jainen.

Eng éischt Fro, déi ech hätt, wär ze wëssen, wat de Minister mécht, fir an Zukunft de Succès vun dësen neien RGTR-Reseauen ze moossen, soudatt e weiderhin un d'Nofro kann ugepasst ginn.

Dir Dammen an Hären, wéi gesot, kann de Linnebus keng Léisung fir all Situatioun am ländleche Raum sinn, mee muss och ëmmer multimodal zesumme mat aneren Offere fir Zuch, Vëlo, Auto respektiv

Park&Ride-Capacitéite geduecht a geplangt ginn. An och mat der Stroosseninfrastruktur, wat d'Busspueren an d'generell Priorisatioun ugeet.

Et jidderengem recht ze maachen, geet souwiso ni. Dat wëssen och grad d'Kommunalpolitiker hei ënnert eis. Während déi eng Leit fannen, datt et net genuch Busser an hirem Duerf gëtt oder se net déi passend Linn fannen, fannen déi aner, et géifen ze vill eidel Busser ronderëmfueren. Hei kënnt een dann am Gespräch mat de Leit oft méi oder manner séier bei d'Ruffbus-Iddi, wéi wann dat eng Wonnerléisung wär, fir vill eidel Linnebusser ze ersetzen an d'Leit zousätzlech och nach pünktlech, wéi bestallt, vun Hausdier zu Hausdier ze féieren, sou wéi en Taxi, mee eebe gratis, an dat wa méiglech am ganze Land. Ganz esou einfach ass dat awer an der Praxis net, soss hätte mer dee System scho laang méi gemengeniwwerschreidend an och an anere Regiounen a Länner.

Et brauch ee logescherweis, fir dës Bus-Taxi-Service unzëbiden, vill méi Busser an och Chauffere wéi fir de Linnebus-Service, respektiv zousätzlech zu de Linnebusser, och wa se méi kleng wäeren. An do gesinn ech dann och perséinlech de Problem: Éischtens ass den Opwand a puncto Material a Chauffieren an natierlech och a puncto Finanzen immens héich. Zweetens hu mer haut schonn eng gewësse Penurie bei de Chauffieren. An drëtens, a virun allem, wäer mer net méi an der Logik vum Service public, fir e performante gratis ëffentlechen Transport en commun unzëbiden.

Dozou wär meng zweet Fro: Awéiwäit ass vum Minister analyséiert ginn, fir en nationalen oder e regionale Ruffbussystem unzëbiden a wéi kann esou e System sech sënnvoll an den RGTR-System integréieren?

An dann och direkt eng drët Fro: Ass et net méiglech, beim normalen RGTR-Reseau d'Gréisst vun de Busser méi flexibel un d'Besoinen vun de jeeweilege Linnen ze adaptéieren? Et muss jo net zu all Dageszäit an op all Linn e 15-Meter-Bus fueren.

Meng lescht zwou Froe betreffen dann nach d'Vëlospisten. Wéi eng national Projeten am ländleche Raum si momentan am wäitste fortgeschritt respektiv ginn als nächst realiséiert? A well et och am ländleche Raum wichteg ass, datt d'Gemengen d'Vëloinfrastrukturen esou denken, datt ee vun all Punkt A op all Punkt B sécher ka mam Vëlo fueren, esou wéi dat jo och fir den Auto de Fall ass, wollt ech wëssen, wéi d'Zesummenaarbecht mat de Gemenge fir d'Vernetzung vum nationale Reseau mat de regionalen a kommunale Pisten leeft. Hunn déi aktuell Ennerstëtzungsoffere fir d'Gemengen deen erwënschte Succès?

An ofschléissend wëll ech dem Aly Kaes nach Merci soe fir d'Heure d'actualité. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An dann ass et um Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänke wëll ech dem Här Aly Kaes en häerzleche Merci ausschwätze fir d'Ufro vun dëser Debatt. Als Verrieder vum Norde läit d'Thema vum ëffentlechen Transport an de ländleche Regiounen eis besonnesch um Häerz. Mee grad och d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus dem Oste wësse vun de sëllege Probleemer am Beräich vum ëffentlechen Transport an de ländleche Regiounen, e Lidd ze sangen!

Wa mer iwwert d'Qualitéit vum ëffentlechen Transport schwätzen, mussen mer zwee Punkte besonnesch berücksichtegen: éischtens d'Qualitéitsufoerderung

vum öffentlichen Transport am Allgemeinen, an zweites d'Kohärenz vun den einzelnen öffentlichen Verkehrsmitteln an de Fahrpläne, a wéi dës openeen ofgestimmt sinn.

Am Hëllef op dës zwéi Punkte muss ee sech da mol allgemeng d'Fro stellen, u wéi sech den öffentlichen Transport haaptsächlech richt. Engersäits richt dës sech un déi Leit, déi net aneschtens kënnen wéi den öffentlichen Transport ze huelen. Dat si Jonker, déi nach kee Führerschäin hunn, eeler Leit, déi net méi kënnen oder dierfe mam Auto fueren, an – an dat ass a leschter Zäit besonnesch akut ginn – och déi Leit, déi sech keen Auto méi kënnen leeschten.

Do dernieft richt den öffentlichen Transport sech un déi Persounen, déi op den Individualverkéier zréckgräife kéinten, fir déi den öffentlichen Transport awer méi praktesch an och méi bëlle ass, zum Beispill fir op d'Schaff. A genee hei läit am ländleche Raum de Problem: Et mangelt u Kamoutheet an Attraktivitéit an enger kohärenter Offer, déi et de Leit schmackhaft mécht, op den öffentlichen Transport zréckzegräifen. Am ländleche Raum hu mer net déi Unzuel vun Astigpunkte fir den öffentlichen Transport wéi an de Ballungszentren. An d'Ofstëmmung ënnert de vereenzelte Verkehrsmitteln openenee léisst ze wënschen iwwreg.

Ech wëll hei mol benennen, datt zum Beispill am Zuch net all Passagéier mat bis op d'Ennstatioun firt, oder et muss een dann ënnerwee ëmklammen op en anerem Zuch oder op en anere Bus. A wann ee Pech huet, dann entsprécht déi Verspéidung, déi den Zuch huet, awer grad där Zäit, déi een huet fir ëmklammen, an aus deene sechs oder siwe Minutte Verspéidung gëtt gär mol eng Stonn, bis deen nächsten Uschloss kënnt. Virausgesat, datt deen dann och pënktelech ass an net ausfällt! Déi Leit, déi schlecht ze Fouss sinn, si bei esou engem sportlechen Ëmsteigen natierlech besonnesch benodelegt. Fir ëmzeklammen oder fir d'Gare ze verlossen, mussen d'Leit an der Reegel nach zousätzlech duerch eng Ënnerföhrung. Ënnerföhrungen bedeuten awer och ëmmer Trappen. Duerfir si grad déi Leit, déi schlecht ze Fouss sinn oder vill Gepäck matschleefen, besonnesch gestrooft. Vill Garen am ländleche Raum si leider net mat Lifter ekipéiert. Do kéint ee jo eng Verbesserung erbäiféieren.

Nach e Wuert zu den Uschlossméiglechkeeten, besonnesch aus dem Norden an Osten, zum Verkehrsnetz an der Stad, wou jo vill Leit schaffen. Leider huet sech jo alles hei an der Stad zentraliséiert, ze vill zentraliséiert. Et hätt scho misse viru Joren ëmgeduecht ginn a méi dezentraliséiert ginn.

De Wee vun der Ufaart fir d'Passagéier vun de Buslinien 110 an 111 vun Iechternach an Ëmgéigend zum Beispill huet sech ëm e gutt Stéck verlängert, well se net méi op direktem Wee an d'Stad kommen, mee ronderëm fuere mussen. Sou war et während de leschte Méint e puermol an der Zeitung oder an der Press ze liesen, an esou erzielen et och déi betrafte Leit.

Weider huet den Här Minister mer de leschten Hierscht als Äntwert op eng erwidert parlamentaresch Fro och matgedeelt, datt mat der Verlängerung vum Tram bis op Bouneweg ab September dës Joer da weider Bussen aus dem Osten, zum Beispill vu Réimech, och an Zukunft net méi solle bis op d'Gare fueren. Zu Bouneweg ass da Schluss. Kann den Här Minister eis da mol erklären, wéi eng Moossnamen e geholl huet, fir datt et hei net zu änleche Verzögerungen komme soll wéi op anere Plazen?

Well elo meng Riedezäit zimmlech zu Enn geet, wëll ech awer nach op zwéi Punkten opmierksam

maachen. An dat ass: D'Leit mussen sech och dru gewinnen, datt d'Ëmklammen tëschent dem öffentlichen Transport zum Sport vum Joer gëtt!

*(Interruption)*

Ech mengen, dat ass eppes, wat ee muss soen. Zum Beispill war an eiser Gemeng, vu mengem Duerf, wou ech wunnen, bis op Clief op d'Gare, 80 Joer laang eng Buslinn, ouni Schwieeregkeeten. A wann een virdru kuckt, da war 20 Joer virdrun esouguer eng Postkutsch dohinner gefuer, ëmmer op där Linn. D'lescht Joer am September huet déi geännert. Aus heiterem Himmel ass op eemol déi Buslinn ëmgewechselt ginn. Si geet elo op Elwen, mat enger Deviation op der hallwer Streck. An elo mussen d'Leit, déi op Clief fueren, ënnerwee ëmklammen. Dat ass eng Geschicht.

Mee déi aner Geschicht ass: Et huet keen et gewosst! An do sinn dann eng ganz Rëtsch Leit onzufriede mat hiren Autoe gefuer, an et hu souguer Mammen a Bomien hir Kanner dunn an d'Schoul gefouert, mat dem Frust, deen een dann huet. An dat ass schlecht fir d'Saach. An ech mengen, do mussen mer ëmdenken, wéi mer dat kënnen publik maachen. Et stoung wuel um Internet vum RGTR, datt dat géif kommen. Mee wie geet dann all Dag op den Internet kucken, fir all déi Neierungen do matzekeréien? Dat ass jo an der haiteger Zäit eng Saach vun der Onméiglechkeet. An ech mengen, do misste mer eis eng Kéier Gedanke maachen, wéi mer eng besser Kommunikatioun mat de Leit kënnen maachen. Well éischens huet net jidderem all Dag d'Méiglechkeet, fir op den Internet ze goen, an zweites hunn och vill Leit déi Méiglechkeet net. An ech mengen, an deem Sënn misste mer eis mol Gedanke maachen, wéi mer dat an der Zukunft kënnen besser maachen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An Dir gesitt, ech war ganz fei mat Iech. An d'Madamm Cecchetti ass scho prett. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo. Merci. Här Präsident, mir als déi Lénk stinn zu 100 % hanner engem ambitiësen Ausbau vum öffentlichen Transport. Ech mengen, ech brauch dat hei net weider ze betounen.

Natierlech muss virun allem do investéiert ginn, wou déi meeschte Verkehrsstreim sinn, an dat ass nun emol an den urbane Raim beziungswies ronderëm. An hei si mir nach ganz wäit ewech vun engem ganz gutt funktionéierenden öffentlichen Transport.

Mee dat heescht awer net, datt déi ländlech Gebidder därfe vernoléisegt ginn. Och do därfe mir net nulloossen a virum Auto kapituléieren, mee mir mussen d'Qualitéit vum öffentlichen Transport weider erhéien. Mir sollen eis Ressourcen doranner steechen an net a weider onnéideg Contournementen.

Nach laang net jiddwereen an de rurale Gemengen huet en Auto zu senger Verfügung. Ech denken do un déi Jugendlech an un déi eeler Persounen, déi net méi selwer wëllen oder kënnen Auto fueren. Anerer kënnen sech iwwerhaupt keen Auto leeschten. Dës ëmsou méi, well déi sozial schwach Schicht weinst de Logementspräisser ëmmer méi aus dem Zentrum an d'Peripherie verdréiwte ginn. Um Duerf ze wunnen ass haut net méi just e Choix, mee ganz oft eng ekonomesch Necessitéit.

Dës Leit sinn all Dag zu 100 % op den öffentlichen Transport ugewisen. Mir sinn als déi Lénk dofir der Meinung, datt d'Politik muss eng Mindestoffer definéieren a virginn. Dat heescht, et misst definéiert

ginn, wéi vill mol an der Stonn mindestens e Bus fuere muss. Fir eis ass den Takt vun 30 Minutten absolutt noutwendeg, well ee jo oft méi wéi eemol muss ëmsteigen. Gradesou wichteg ass et, ab wéi enger Auerzäit mueres a bis wéini owes de Bus firt, fir datt zumindest de Basisbedarf u Mobilitéit fir all Uertschaft ofgedeckt a garantéiert ass.

Dës Mindestoffer vum öffentlichen Transport, op déi all Bierger/innen e Recht missten hunn, kéint dann iwwert d'Zäit streckeweis erhéicht a verbessert ginn.

Wat d'Organisatioun ubelaangt, esou ënnerstëtze mir déi Approche vum Ministère, datt déi ländlech Gemengen u regional multimodal Pölen ugebonne ginn, vu wou aus dann Expresslinien an den Zentrum fueren. Mee et muss een awer och emol festhalen, datt mer nach laang net op deem Punkt sinn, weeder um Niveau vun der Infrastruktur nach um Niveau vun der Offer vun Zich a Busser. Do ass nach vill Aarbecht.

Wat déi Expresslinien an den Zentrum ugeet, esou sinn déi virun allem op der Strooss ugeduecht a Form vun neie Buslinien, mat eventuell neie Busspueren.

Eenzeg Ausnam ass do déi Tramslinn op Esch. Mir mengen awer, datt d'Schinn der Strooss wäit iwwerleeën ass, an datt d'Schinn d'Zukunft vun der kollektiver Mobilitéit ass. An dofir misst een eiser Meinung no elo schonn nei Schinne plangen, och iwwert d'Stad eraus, sief et an der Form vun neien Tramslinien iwwert d'Ëmfeld vun der Stad eraus oder awer a Form vun neien Zuchstrecke fir eng S-Bunn, déi déi regional Zentere matenee verbënn. Esou Projeten dauere laang, an dofir sollt ee sech elo schonn doriwwer Gedanken maachen. Dat wär sécher vill méi sënnavoll, wéi Contournementen ze bauen.

Et ass awer net just d'Offer, déi ausgebaut a verbessert muss ginn. Mir müssen eis och Gedanken doriwwer maachen, wéi ee kann de Besoin u Mobilitéit am Allgemenge reduzéieren, dat heescht, wéi ee kann onnéideg Weeër verhënneren. Ëmmer méi Servicer, och öffentliche Servicer, verschwannen aus de ländleche Géigenden, soudatt een dann op eemol muss 10 oder 20 Kilometer fueren, fir bei eng Post ze kommen oder 30 Kilometer fir an eng Maternitéit.

Commercë si praktesch just nach op der Grénge Wiss ze fannen oder an deene méi urbanen Zentren. An datt d'Aarbechtsplazen, och déi am öffentlichen Secteur, virun allem an der Stad oder ronderëm d'Stad leien, dat schafft natierlech en enorme Besoin no Mobilitéit, deen an där Form net néideg wier mat enger anerer Landesplanung.

Jo, och deene Froe vu Landesplanung muss ee sech stellen, wann een iwwert déi zukünftige Mobilitéit nodenkt. Virun allem muss mir aus der Logik erauskommen, datt jidderem en Auto huet, datt ee mat deem Auto iwwerall hikommt kann a muss an datt d'Léisung da beim Plange vun neie Contournementen läit, fir d'Duerfkären ze entlaaschten.

Nei Stroossen zéien neie Verkéier un. Ech ginn es net midd, dat ëmmer erëm ze betounen!

Den Auto verdäiwelen: Ech weess net, wien heibanen de GIEC-Rapport iwwert de Klimawandel gelies huet, mee et gëtt Zäit ëmzedenken. Mir sinn iwwert d'1,5°-Limitt ewech dës Joer. A mir risquéieren eng Liewensmittellkatastroph ze kréien, well mer geschwënn net méi genuch Liewensmittelen kënnen ubauen duerch déi Klimakris. Et ass alles matenee verzaant. A mir mussen global denken an net nëmme jiddwereen a sengem Ministère just säi Ministère kucken.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Très bien!



(Brouhaha)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An de leschte Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Jo, den ëffentlechen Transport ass am ganze Land, an dat ass elo gutt, e gratis Service, deen de Staat senge Bierger offréiert.

A wann ee ganz éierlech ass, huet Lëtzebuerg awer eng super Offer un ëffentlechem Transport. Wann een e bëssen am Ausland ënnerwee ass, weess een ze schätzen, wéi vill hei investéiert gëtt a wéi gutt den Takt ass.

Sécherlech kann een elo an deene méi ländleche Regiounen nach vill Punkte fannen, wou den ëffentlechen Transport net esou gutt ugebonnen ass. An do si mer och der Meenung, dass all Bierger am Land dee selwechte Service soll ugebuede kréien. Et kann net sinn, dass et ofhängeg ass vun der Regioun, wéi gutt herno den ëffentlechen Transport accessibel ass.

Et gëtt zwee ënnerschiddlech Benotzer, déi all Dag den ëffentlechen Transport benotzen. Dat sinn déi eng, déi probéieren, mam ëffentlechen Transport op d'Aarbecht ze kommen. An et sinn déi aner, déi éischer fir Fräizäitaktivitéiten, sief et, fir akafen ze goen, sief et, fir Kolleegen ze treffen, den ëffentlechen Transport mussen huelen.

An dann hu mer do awer nach eng Ënnerkategorie, an dat ass wichteg an där Strategie. Et sinn déi eng, déi huelen e fräiwëlleg, loossen den Auto stoen, well se déi Méiglechkeet hunn, well den ëffentlechen Transport esou opgewäert ass, och am ländleche Raum, dass se den Auto stoe loossen a fräiwëlleg an de Bus oder Zuch klammen. A mir hunn awer déi aner, déi keen Auto oder kee Fërschäin hunn oder am Alter sinn an de Fërschäin schonn ofginn hunn an deementspriedend net kënnen fueren. An dat ass e Punkt, deen an der Strategie vum ëffentlechen Transport am ländleche Raum ganz wichteg ass.

An do komme mer och bei d'Thema vum Ruffbus. Eis Piraten schwieft vir, dass mer de Ruffbus ausbauen an zwar änlech no engem Hub-System. Dat ass ganz einfach esou: E Ruffbus soll net do sinn, wéi et virdrun hei ugeklongen ass, wéi en Taxi, deen een duerch d'ganz Land féiert. Neel! E Ruffbus soll do sinn, wou e grouse Bus kee Sënn mécht, well d'Statistik ganz einfach seet: Do fueren net genuch Leit. Da mécht et kee Sënn, do e grouse Bus hin ze schécken oder e Bus mat enger fester Linn, wou dann dräimol am Dag vläicht ee matfirt an déi aner 15 Busser fueren eidel. Dofir ass eis Iddi ganz kloer e Ruffbus, deen op deen nächste gréisstméigleche Punkt fiert, wou een da seng Verbindung kritt fir dohinner, wou ee wëllt. Dat wär nämlech d'Léisung.

Do hu mer nämlech de Problem. An ech verstinn d'Leit, déi sech do opreegen, dass duerch hir Stroossen op eemol grouss Busser fueren, déi eidel sinn. Mee mir kéinten higoen a kleng Busser – wou mer en plus kéinten Elektrobusser asetzen an esou d'ëmwelt schounen – vill méi ëmweltfrëndlech asetzen.

Et ass och esou, dass dat Ganzt muss digital begleet ginn. Wa mer wëllen de Bus méi attraktiv maachen, muss et ganz einfach sinn, iwwer säi Smartphone herno e Ruffbus am ländleche Raum oder vläicht och e Linnebus vill méi einfach ze koordinéieren an ze ruffen.

Jo, an do si mer och bei deene Jonken. Et ass vill geschwat ginn hei vun daagsiwwer. Mee wat mécht een dann owes, wann een emol eng Kéier wëllt erausgoen? Ech mengen, mer liewe jo net alleguer just fir ze schaffen. Et geet ee jo och emol owes eng Kéier

gären eraus. Do ass et, a mir hunn dat e bëssen nogesicht, am ländleche Raum awer zimmlech mau mat de Late-Night-Busser, wat awer fir déi Jonk, fir de sozialen Zesummenhalt, immens wichteg ass. Well mir soe jo och, dass se, wa se eng Kéier eppes anescht wéi Waasser drénken, net solle mam Auto fueren. Mee da soll een awer och déi Late-Night-Busser souwuel fir de ländleche Raum wéi fir deen anere Raum kënnen ubidden. An do sinn awer nach ganz vill Lächer am Netz, soudass de Late-Night-Bus e wichtige Facteur ass, deen nach muss ausgebaut ginn.

Dat selwecht, an dat mieren ech och doënn bei mir am Dräilännereck: Et muss vill méi mat der Groussregioun zesumme geschafft ginn! Wa mer wëllen, dass déi Clientèle, déi ech virdru genannt hunn, op d'Aarbecht soll kommen, a mir wëssen, dass dat ganz vill Frontaliere sinn, da muss an der Groussregioun vill méi mat de Buslinnen zesumme geschafft ginn, fir dass mer dat vill méi attraktiv maachen an den Auto stoe bleift.

An dann nach eng Kéier eng Fuerderung, déi mir als Piraten jo schonn e puermol ubruecht hunn: Dass endlech an all Bus och Wi-Fi wär! Well ech mengen, dat ass eent vun den Argumenter, fir net mam Auto am Stau ze stoen an net um Handy ze spillen. Ech soen et nach eng Kéier: Net um Handy spillen! Mee dass d'Leit kënnen bequiem mam Bus fueren, Wi-Fi fir näischt, a jidderee ka moies seng Zeitung ganz bequiem um iPad oder Smartphone liesen. Mee mir si leider zu Lëtzebuerg nach net esou wäit, dass d'Busser allegueren de gratis Internet ubidden. Dat wär awer nach e kleng Boni méi, fir dass d'Leit géifen den Auto stoe loossen. A mir hätten eppes fir de Klimaschutz gemaach.

A merci dem Aly Kaes fir d'Ufro vum der Heure d'actualité.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och.

An domat ass déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss, an de Mobilitéitsminister François Bausch huet d'Wuert. Här Bausch, dir hutt d'Wuert.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. Merci dem Här Kaes fir déi Initiativ, well dat erlaabt mer et, e puer Saachen ze verdäitlechen, déi effektiv am Plan national de mobilité 2035 stinn. An ech fannen et duerfir och méi sënnavoll, dass mer esou eenzel Elementer diskutéiere wéi dee ganze Plang, well da sëtze mer e ganze Mëtteg hei an da schwätze mer iwwer alles an iwwer ganz näischt. Ech mengen, dat hei ass schonn eng gutt Initiativ. An och merci allen Deputéierte fir hir Bäitrag!

Ech wëll vläicht ufänke mat deem, wat den Aly Kaes gesot huet am Ufank vu senger Ried, wou e seet: „Kommt, mir halen op, den Auto ze verdäiwelen, well virun allem am ländleche Raum“, seet hien, „ass den Auto oft dat Eenzegt, wat ee kann notzen.“ An en huet och do Recht!

An ech muss och soen: Dat ass och sécherlech net meng Approche! Ech ginn net midd ze betounen, dass ech net eng Politik maache géint den Auto oder géint iergendee Verkéiersmëttel, mee ech maache gär eng Politik fir eng aner Mobilitéit. An dat ass och dat, wat iwwerens am Plan national de mobilité stoung, wat och schonn am MoDu geschriwwen. Mee am Plan national de mobilité gëtt dat och an deem Kapitel iwwer de ländleche Raum ënnerstrach. Et gëtt gesot, dass am ländleche Raum logescherweis duerch d'Aart a Weis, wéi gewunnt gëtt, wéi alles auserneegezunn ass a wou et méi schwéier ass, den

ëffentlechen Transport ze organiséieren, den Auto oft déi eenzeg Méiglechkeet ass, déi d'Leit hunn. An dat wäert och esou bleiwen.

Mir kënnen natierlech vill maachen, dass dat sech verbessert, dass ass ganz sécher. Ech kommen nach do-robber. Mee och an Zukunft, egal, wat mer maachen, wäert do dat individuell Verkéiersmëttel bleiwen. Do wäert de Vëlo och nach vill méi derbäikommen, net onbedéngt, fir vun uewen aus an d'Stad ze fueren, mee éischer fir tëschent den Uertschaften ze fueren. Dat ass jo och en individuell Verkéiersmëttel. Dat wäert eng gréisser Roll och an Zukunft spillen.

Dat heescht, dass ganz Kapitel, wat mer geschriwwen hu spezifesch fir de ländleche Raum am Plan national de mobilité, erkläert ganz vill, wat d'Spezifisitéiten am ländleche Raum sinn, déi den Här Kaes och zum Deel hei richteg beschriwwen huet. An virun allem, wann een d'Mobilitéit wëllt gutt oder besser organiséieren an deem Beräich, da muss een och d'Entwécklung vum ländleche Raum kucken. Dat heescht: Wéi entwéckele mer eis Uertschaften? Wat sidele mer wou un?

A wa mer eppes enzwousch usidelen, wou zum Beispill vill Aarbechtsplaze sinn, da solle mer dat méiglechst do maachen, wou mer eng gutt Ubannung hunn un e Pôle d'échange, un den ëffentlechen Transportreseau. Am beschten natierlech un den Zuch, mee dat geet och net ëmmer. Mee wann, dann éischer do, wou mer e gutt Busnetz hu mat de Knuetpunkte vum Busreseau.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Also, d'Entwécklung vum ländleche Raum ass an der Mobilitéitsplanung am ländleche Raum scho bal e Schlüsselement. An do kënn et eebe vill drop un, dass mer onnëtz Verkéiersweeër vermeiden.

Natierlech ass et och wichteg, dass mer den Zoubrengerberäich ganz staark fërderen, Expressbuslinnen zum Beispill, Zoubrenger op d'Garen. Dat Einfachst ass natierlech ëmmer, wann e schnelle Bus ee kann zum Beispill op grouss Garé bréngen, wou een da bequiem schnell eng gutt Zuchverbindung kritt an d'Stad oder wou ee soss wëllt hikommen. Also, e schnellen Expressreseau vu Buslinnen, fir een op déi wichtegst Knuetpunkten ze bréngen, den Zoubrengerberäich.

Da spillen natierlech Park&Riden eng wichteg Roll an am ländleche Raum natierlech och den Zuch. Well mir hu jo awer e grouss Netz, wann ech elo den Norde kucken, mee och den Osten. Am Norden hu mer riicht erop eng Linn, déi ganz performant ass. Déi soll och nach méi performant ginn, andeem mer zum Beispill d'Capacitéit vun den Zich an Zukunft kënnen eropsetzen. Dat maache mer, andeem mer jo allegueren d'Garen am Land ausbauen a verbessern, andeems mer d'Quaie verlängeren, fir dass mer déi grouss Zich op d'Quaie kréien an de Garen. A wann an der Zukunft sech sollt erausstellen, dass tëschent Ettelbréck an Elwen d'Capacitéit op dem Netz net méi géif duergoen, da kënn mer relativ séier d'Netz ausbauen. Et ass alles virgesinn. Dat ass guer kee Problem, och dat kënn mer maachen.

An dann hu mer een neit Instrument am PNM virgesinn, dass ass dee sougenannte „couloir à haut niveau de service“ fir de Bus. Wat ass dat? Mee wou hutt Der de Problem? Wann Der zum Beispill mam Bus aus dem ländleche Raum kommt, kënn de Bus meeschtens duerch de ländleche Raum relativ gutt weider an dann iergendwann eng Kéier hânt en an den Agglomerationen. Dat heescht, ech muss et fäerdegbréngen, dass an den Agglomerationen, an den Entréeën, fir eran an den Zentrum ze kommen, separat Busspure sinn, fir dass de Bus do net am Stau

stieche bleibt, mee laanscht de Stau fiert. Dat ass dat, wat d'Qualitéit hieft. An déi Définition vum „couloir à haut niveau de service“, déi am Plan national dran ass, déi ass natierlech besonnesch wichteg fir de ländleche Raum. Och wann de Couloir selwer ganz oft am stättesche Raum gebaut gëtt, gëtt en awer gebaut, fir datt déi Busser, déi vu wäit erakommen, do keng Zäit verléieren. Well natierlech, wann Dir aus dem Éislek kommt an Dir fuert iergendwou Richtung Stad, da sidd Der schonn e Strapp ënnerwee mam Bus. A wann dat nach rullt ënnerwee, dann akzeptéiert Der dat och nach. Mee wann Der dann natierlech bal grad esou vill Zäit braucht fir déi lescht dräi, véier Kilometer wéi fir de Rescht vum Trajet, da gëtt dat natierlech extreem onméiglech ze fueren.

An ech kann Iech och soen, mir gi jo och an de ländleche Raum mat eisem Tour, wou mer bei d'Bierger ginn, ech komme jo och op Maarnach an den Norden eng Kéier, an ech ginn och eng Kéier op Gréiwemaacher bei den Här Gloden an der nächster Zäit. An do leeë mer natierlech och de Fokus op de ländleche Raum, op alles, wat mer am PNM virgesinn hu spezifes fir de ländleche Raum. An och déi ganz Diskussioun vum der Evaluatioun vum RGTR kënne mer da méi am Detail diskutéieren.

Bon, et ass d'Fro gestallt ginn – ech mengen, den Här Hansen hat dat gefrot –: Wéi gëtt deen evaluéiert? Dat ass à ce stade natierlech nach schwéier, well deen neie Réseau ass éischters emol nach guer net ganz en place, dat ass dat Éischt. Deen ass jo eréischt de Summer „definitiv“ – entre guillemets – ofgeschloss. Well ech hunn ëmmer gesot: Duerno komme sécher och ëmmer erëm nach kleng Korrekturen!

Dat Zweet ass: Mir haten eng Pandemie, wou dat natierlech bal onméiglech ass, well dee ganzen éffentlechen Transport agebrach war. Mir kënnen eis net op d'Zuele baséieren vum 2020 an och nach net op déi vum 2021. Well souguer 2021 hate mer nach ëmmer bal 35 % manner Leit am Bus wéi zum Beispill 2019, well nach ëmmer net alles voll funktionéiert huet.

An da muss ee souwisou, wann een en neie Réseau huet, deem awer een an en halleft bis zwee Joer Zäit ginn, ier een dat ka maachen.

An eppes Leschtes, eppes Wichteges, dat ass eng nei Technik, déi mer jo am neie Réseau wäerten hunn. Well fir déi nei Ausschreiwung, déi mer gemaach haten, do war am Cahier des charges virgesinn, datt all déi nei Bussen, déi elo kommen, en automatischen Zielsystem kréien. Mir hunn entre-temps 50 % vun eise Busser schonn ekipéiert domadder. Dat heescht, mir kënnen elo schonn ëmmer besser Date kréien. Mir wësse wierklech op all Linn zimmlech genau, wivill Leit eran- an erausklammen. Och op all Arrêt kënne mer dat feststellen duerch dee System, dee mer agebaut hunn. An herno ass de Réseau zu 100 % esou ekipéiert. Mee mat deene 50 %, déi mer elo hunn, a wa mer elo nach e bësse waarden, ech géif soe vum Summer gerechent nach ee Joer, soudatt deen neie Réseau ënner normale Bedéngungen ee Joer konnt funktionéieren, kréie mer nach besser Daten.

An dann ass och ze soen, datt nach eppes ganz Wichteges kënnt, dat ass, datt mir eng Trennung gemaach hunn am Réseau tëschent dem classeschen RGTR-Réseau an dem Schülerbusréseau. De Schülerbusréseau, deen de Moment dobausse fiert, ass nach deen alen, do kënnt elo eréischt en neien. An deen ass komplett getrennt, am Sënn, datt mer dat net méi wëlle vermëche vum de Busser hier. Friéier sinn d'Schülerbusser an d'Stad komm an dann ass ee Bus vun de Schülerbusser op eemol injektéiert gi bei déi normal Linnebusser. An dat ass net optimal.

Zum Beispill ass an esou engem Kontext d'Auswieselen a méi kleng Busser asetzen op verschidde Linnen, wou mer gesinn, datt vläicht manner Passagéier sinn, guer net méiglech, well dann awer an der Spëttestonn, wéinst dem Schülerbus, eng héich Capacitéit gebraucht gëtt. An dee Bus dann eraushuelen aus dem Réseau an ersetzen duerch e kleng Bus, gëtt nach vill méi deier an ass vill manner effikass, well da musst Der jo scho mol zwee Busser hunn. An duerch déi Trennung, déi mer gemaach hunn, kréie mer natierlech aner Méiglechkeeten. Do kënne mer dann nach vill méi geziilt kucken, wéi mer dat asetzen, soudatt dat och e groussen Impakt herno wäert hunn op de Fonctionnement vum Réseau.

Dann ass och zur Zesummenaarbecht mat de Gemenge gefrot ginn. Well et ass jo net nëmmen de Bus, mee et ass zum Beispill och de Vëlo niewent dem Zuch, dee wichteg ass, an natierlech den Auto. Park&Ride-Anlagen, den Här Kaes hat et scho gesot, et sinn der eng ganz Rei scho gebaut, et sinn der och immens vill a Planung. Ënner anerem sinn der elo och am PNM virgesinn, déi nach méi zentral leien. Ech hunn et scho gesot: Deen zu Ierpeldeng, dee läit fir den Norden extreem gënschteg herno, fir mat den Zich an d'Stad ze fueren. Mee et kommen och nach anerer derbäi.

Mee da kënnt awer och de Vëlo, an do spillt d'Zesummenaarbecht mat de Mengengen eng wichteg Roll. Dat ass ënnerschiddlech. Ech géif soen, am Generelle geet et ëmmer besser, well d'Gemenge wierklech erkannt hunn, datt en immense Besoin an der Bevëlkerung ass. An ech hunn och ëmmer gesot: „Dir wäert gesinn, d'nächst Joer bei de Gemengewale wäert dat e grouse Sujet ginn.“ D'Leit hunn dat och nei entdeckt. Et gëtt duerch de Pedelec och ëmmer méi einfach, fir mat engem Vëlo ze fueren. Duerfir, datt ass ganz, ganz wichteg. An déi Zesummenaarbecht muss natierlech nach méi optiméiert ginn, fir datt mir de staatleche Réseau kënne bauen an d'Gemengen dann den Zoubrenger kënne bauen.

Ech hat de Moien nach eng ganz flott Entrevue mam Emile Eicher fir d'Gemeng Clief, wou mer e puer flott Projeten zesummen diskutéiert hunn, déi mer och wëllen ëmsetzen. Also dat ass kloer: De Staat eleng ouni d'Gemenge kritt dat net hin! Mir brauchen do d'Gemengen, an duerfir pochen ech och vill dorobber, datt dat da funktionéiert.

Den Här Goergen huet gesot, datt de Service ronderëm de Bus wichteg ass. Natierlech, hien huet Recht. Dat ass op de Pôle-d'échanges de Fall. Duerfir versiche mer, op deene grouse Pôle-d'échanges och ëmmer méi Méiglechkeeten ze schafen, fir eng Verfleegung opzebauen, fir datt d'Leit kënnen e Kaffi drénken an esou Saachen. Mee natierlech och am Bus selwer. De Wi-Fi, do schaffe mer drun, an dat ass och d'Objektiv, fir datt mer dee kréien. De Bus selwer soll ëmmer méi confortabel ginn. Alles dat spillt eng Roll. Dir wësst jo, datt mer d'Zil hunn, bis 2030 och de Bus zu 100 % elektrifizéiert ze hunn, also komplett dekarboniséieren. Dat Zil wäerte mer och erreechen, well natierlech och d'Angebot vun deene Busser ëmmer besser gëtt.

Ech wëll awer ofschléissend, Här President, nach ee Saz soen, dee mer awer och all am Kapp sollen hunn. Mir hunn elo rezent d'RTGR-Gesetz gestëmmt, an Dir kënnt Iech erënneren: Dat war dat deierst Gesetz, wat d'Chamber jeemools bis elo gestëmmt huet. Ech soen Iech awer direkt: Dir kritt elo bis de Summer nach en neit Gesetz. Dat ass deen neie Contrat de service public mat der CFL, also d'Exploitationkäschte fir déi nächst 15 Joer fir d'CFL, well dee leeft aus d'nächst Joer. Dat gëtt nach vill méi deier. Dat gëtt dann erëm eng Kéier, nach eng Kéier, dat deierst Gesetz an der Geschicht!

Firwat soen ech dat? Net well ech fannen, datt déi Sue falsch investéiert sinn. Dat RGTR-Gesetz ass jo och à l'unanimité gestëmmt ginn. E grouse Merci duerfir! Ech hoffen, datt et bei der CFL och esou geet. Mee ech soen et awer, well ech wëll ënnersträichen, datt dat alles eppes kascht!

An duerfir wëll ech um Schluss zwee Sätz zum Ruffbus soen. De Ruffbus ass keng Wonnerléisung. De Ruffbus ass e fundamentalen Usaz, fir e Bus ze offréieren. Dir dierft net vergiessen, et ass e Ruffbus. Dat heescht, Dir musst en zum Beispill am Virfeld bestellen, dat muss dann zwee, dräi Deeg am Virfeld organiséiert ginn. Et ass natierlech en Instrument, wat mer sollen an och müssen notzen an der Zukunft, dat ass ganz sécher complémentaire zum normalen RGTR-Réseau. Do wäerte mer och mat den digitalen Techniken, déi elo do sinn a sech rapid nach verbessern, virun allem an der Mobilitéit nach ganz aner Méiglechkeete kréien, fir dee Ruffbus an Zukunft optimal ze organiséieren.

Mee mir kënnen déi net géinteneen ausspillen. Dat ass e Complement zum normale Réseau. Ech warne virun ze mengen, datt mer géife soen: „Allez hopp, elo probéiere mer, iergendwou classesch Linnen einfach ze ersetzen duerch e Ruffbus!“ Ech soen Iech, dat geet schif, well dat huet an der Praxis net nëmmen och e Präis, souwisou, well et dierf ee jo net vergiessen, datt dat natierlech erëm eng Kéier eng Staang Geld méi kascht, mee wéi gesot, dat ass awer net esou einfach. Mir haten am Kader vun der Ausschreiwung probéiert, schonn Elementer dranzekréien, mee déi privat Entreprisë sinn och nach net esou honnertprozenteg prett, fir dat optimal ze liwweren, wéi dat och vu Verschidde beschriwwen ginn ass. Zum Beispill e Ruffbus kann interessant sinn, ganz sécher, fir déi lescht zwee, dräi Kilometer bei e Pôle d'échange, esou Saachen ze maachen. Also duerfir: Dir musst deem eng Chance ginn.

Ech kucke mer och permanent un, wat et am Ausland gëtt. A gleeft mer et, wann et international bis elo en optimale System gi wär, wär ech ganz sécher schonn an déi Richtung gaangen. Also ech sinn iwwerzeegt dovunner, datt dat e Complement ass, mee déi Technik brauch nach eng Zäit, wa mer net wëllen eppes maachen, wou mer herno d'Leit méi onzefridde maachen, an et och finanziell e Faass ouni Buedem gëtt. Duerfir: Jo dozou, awer ënner verstännege Konditiounen an an enger Aart a Weis, datt et Sënn mécht.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Mobilitéitsminister François Bausch. Dese Punkt ass domat ofgeschloss.

## 7. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des défis auxquels doit faire face le secteur des transports

D'Chamber féiert haut de Mëtteg eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Erausforderunge vum Transportsektor, déi d'CSV-Fraktioun ugefrot huet. An ech géif d'Wuert direkt un den honorabelen Här Marc Spautz ginn, als Verrieder vun der CSV-Fraktioun. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**M. Marc Spautz (CSV)** | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat hei ass elo déi zweet Ufro, déi mer gemaach hunn. Déi Éischt war aus Zäitgrënn ofgelaf, wéi mer déi éischte Kéier d'Fro gestallt haten, fir eng Heure d'actualité iwwert den Transportsektor ze kréien.

Mee d'Situatioun huet sech awer, wat de Sektour u sech ubelaangt – wëll ech awer direkt hannendrop



soen –, nach net vill verbessert. Et ass just, d'Gesondheet ... et ass just d'Ursach, déi eng aner ass. Déizäit hu mer virun allem wéinst dem Omikron Diskussioun gehat, dass de Secteur broochlouch, mee dës Kéier ass et méi duerch d'Präisser, déi an der Energie stattfannen, dass et Schwieregkeeten am Secteur vum Transport gëtt.

De Secteur vum Transport ass zu Lëtzebuerg och e ganz wichtege ekonomesche Facteur. An et ass e wichtege ekonomesche Facteur, well mer vill Transportunternehmen hei zu Lëtzebuerg hunn, déi hei zu Lëtzebuerg ugesidelt sinn.

Dat ass éischten den Transport, deen op nationalem Plang stattfënn, deen eng kleng Verdeelung mécht, déi deeglech stattfënn, vum Süde bis den Norden, vum Oste bis de Westen, wou ganz vill Transporter gemaach ginn. A wann ee jo och gelies huet, wéi d'Transportcapacitéiten hei zu Lëtzebuerg zougehoen hunn, da weess een, dass dat och eng grouss Importenz huet.

Mir hunn awer och en anere grouss Wirtschaftszweig hei zu Lëtzebuerg, dat ass den internationalen Transport. Den internationalen Transport, deen och um Beräich vum Cargozenner hänkt, deen och um Beräich hänkt vu Beetebuerg, vun der Émschlagplatz vun dem Güterverkéier, wat den Zuch ubelaangt.

An ee vun de Problemer, deen ëmmer erëm ënnerstrach gëtt, dat ass deen, dee mer de Moment allegueren kennen, net nëmmen d'Camionschaufferen, mee awer mir och allegueren, wa mer bei d'Pompel fueren: Do ass allkéiers en anere Präis. Et ass awer just mat engem ganz groussen Ënnerschied: Déi Camione brauchen e bësse méi wéi mir an déi tanken och ganz aner Quantitéiten wéi mir. Dat ass amgang, e ganz grouss Problem ze ginn hei zu Lëtzebuerg, awer och a ganz Europa, wat d'Präispolitik ubelaangt. An domadder ginn och automatesch all déi Transporter, all dee Wuerentransport, deen do gemaach gëtt, ëmmer méi deier, well natierlech déi Fraisen, déi do erfalen, och fir d'Leit ... De Konsument, den Endkonsument bezilt se, ob mir dat wëllen oder net.

An dofir war do eng vun den Diskussiounen, déi do op europäeschem Niveau leeft, ob do och gekuckt gëtt, fir der ganzer Logistikbranche hei an Europa ze hëllefen, well et ass jo net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee et ass och bei deenen anere Logistiksbetriben, déi et gëtt.

A wann ech dat soen, da wëll ech och d'Verkéiersproblematik ennersträichen. Mir erliewen alt méi den nationale Problem, wa mer moies ëm d'Spëtzenstonnen aner Fuerzäiten hunn, fir aacht Kilometer ze maachen, wéi dat owes no siwen Auer ass. Do geet et méi séier. Och dat alles ass mat Käschte verbonnen an deem Secteur. An och dat bréngt mat sech, dass et do zu Verzögerunge kënnt.

An e lescht Beispill, wat ech wëll soen: Déi méi stänneg Kolleegen heibannen, déi kënne sech nach erënneren, dass mer fréier ganz grouss Lageren haten, wou Wuere gelagert gi sinn, wou stockéiert ginn ass, fir dass duerno konnt an de Betriben produzéiert ginn. Dat huet sech déi lescht 20 Joer ëmmer méi op d'Strooss, op d'Schëff an op den Zuch verlagert, fir dass do mat „just in time“ gekuckt gëtt, fir dass d'Ennprodukt respektiv den Zwëscheproduit, dee geliiwert gëtt, dann op der Strooss, um Schëff oder am Fliger ass.

Mir hunn dat awer elo gemierkt bei all deene Problemer, déi mer jo och vun de Liwwerswieregkeeten hunn. Dat ass dann, wann iergendwou ... De Moment ass a China e kleng Problem. Et ass e bësse méi grouss wéi Lëtzebuerg an do komme Wuere net fort. Do si Schëffer blockéiert a gläichzäitig sti

Camionen eidel op Plazen ze waarden, fir dass déi Wuer endlech ukënn. An och dat ass en ekonomesche Facteur, deen hei zu Lëtzebuerg eng grouss Roll spillt, well den Transportsector hei zu Lëtzebuerg och ëmmer méi wichteg gëtt, respektiv och eng grouss Wichtegkeet huet.

An dofir war do d'Fro, wat mer nach kënne maachen, fir deene Betriben, déi hei zu Lëtzebuerg ugesidelt sinn ... An ech wëll bewosst déi zwee Secteuren, den nationalen an den internationalen Transport, vuneen trennen, well dat sinn awer ..., wann et och a Verschiddenem ganz grouss Gemeinsamkeete gëtt, mee et gëtt awer och Punkten, wou et ganz grouss Ënnerscheeder gëtt.

An elo spillt nach en anere Facteur mat eran, dat ass deen, fir d'Chaufferen ze fannen. An den Här Bausch huet virun nach eng Kéier de Problem am öffentlechen Transport ënnerstrach. Vun den öffentlechen Transportubidder aus dem Süde vum Land kennen ech ee besser. Wat déi Schwieregkeeten hunn, fir Chaufferen ze fannen, déi den Ufuerderunge gerecht ginn, fir kënne op deenen eenzelne Modeller vu Bussen ze fueren. Wéi et bei den CFL ass, weess ech net, dofir wëll ech mech och dozou net äusseren. Mee ech weess awer och vu private Busfirmaen, déi och ganz vill Schwieregkeeten hunn, Chaufferen ze fannen.

An och bei dem Camiontransport ass dat de Fall, mat engem gréisseren Ënnerschied awer, och ganz vill am internationalen Transport: Et komme Leit, déi net hei zu Lëtzebuerg wunnen, et komme Leit, déi net hei zu Lëtzebuerg ugemellt sinn. An do stellt sech dann ausser deem wirtschaftleche Facteur, deen ech elo grad ennerstrach hunn, eppes wat mer ... Leschten Dönschdeg hu mer heibannen e Projet gestëmmt iwwer Teletravail, wou mer mat engem Nopeschland ofgemaach hunn, dass déi elo méi laang kënne Teletravail maachen. Mee dee Problem mam Camion ass elo net, dass ech wëll Camion am Teletravail maachen, mee och do schwätze mer mat Mënschen, déi zwar hei zu Lëtzebuerg ugemellt sinn an an engem Lëtzeburger Betrib schaffen, mee déi awer oft souguer iwwer 80 % vun hire Stonnen an deem Land sinn, wou se wunnen.

An da gëtt et Problemer mat de Steieren, da gëtt et Problemer mat der Sécurité sociale. Ech ka mech un eng Kéier erënneren, wéi ech nach e bësse méi jonk war – an den Här Eicher an den Här Kaes waren do och derbäi –, do hate mer esou e Problem mat engem gréisseren Bauunternehmer hei zu Lëtzebuerg, deen hei zu Lëtzebuerg ugesidelt war a wann en da mat de Camionen eriwuer an d'Belsch gefuer ass, an en hat seng belsch Camionschaufferen drop, da sinn déi direkt geholl ginn, de Camion ass blockéiert ginn, hien ass blockéiert ginn, well e méi Stonne fir dee Betrib, wou en och war, an der Belsch geschafft huet wéi hei zu Lëtzebuerg.

An dat geschitt am internationalen Transport nawell relativ dacks. Dat ass duerch déi enorm Längt an déi enorm Breet vu Lëtzebuerg, dass wann déi Camionen dann hei fortueren, fir un d'Mier, fir bei en anere Flughafen ze fueren oder fir an aner Logistikzentren ze fueren, da si se méi laang am Ausland ennerwee wéi hei zu Lëtzebuerg an da fale se, deemno aus wat fir engem Land se kommen, ënnert d'Direktiv 883. Dat ass déi mat der Sécurité sociale. Respektiv si falen och ënnert d'Bestëmmunge vun der Duebelbesteuerung, wou et dann Diskussiounen gëtt, virun allem mat eisen Nopeschlänner, mat eise franséischen, eisen däitschen an eise belsche Kolleegen, wou dat jo dräi verschidde Problemer sinn, well se net allegueren dat selwecht Duebelbesteuerungsofkommes hunn.

An duerfir ass do d'Fro, ob et net wichteg wier, dass eis Regierung géif net nëmme kucken, wéi mer dat och en Dönschdeg allegueren heibanne gesot hunn, fir eppes ze maache bei der Duebelbesteuerung fir den Teletravail, mee ob mer net och hei eppes misste maachen, wat d'Duebelbesteuerung ubelaangt vun deene Camionschaufferen, respektiv dass esou eng Initiativ vu Lëtzeburger Säit misst geholl gi wéinst der Direktiv 883. Well d'Direktiv 883 mécht et ganz schwierig fir Lëtzeburger Betriben, déi am internationalen Transport ennerwee sinn, a mécht et och ganz schwierig fir alles dat, wat am Transportsector hei zu Lëtzebuerg gemaach gëtt.

An dofir: Wat sinn d'Iwwerleeunge vun der Lëtzeburger Regierung, fir dat ze maachen? Eis perséinlech Meenung ass, dass mer iwwert déi Duebelbesteuerungsofkommes mat eisen dräi Nopeschlänner mussen diskutieren an dass gläichzäitig och eng Initiativ muss kommen, fir iwwert d'Direktiv 883, déi am internationale Kader ass ... Ech weess, dat ka Lëtzebuerg net aleng decidéieren. Dofir, et muss net bis muer de Moie sinn, mee et wier awer net schlecht, wann do vu Lëtzeburger Säit aus eng Initiativ géif geholl ginn, well Lëtzebuerg duerch seng Gréisst, déi mer eeben hunn, mat dat Land ass, wat do am meeschten drënner leit.

Villmools merci.

**Mme Octavie Modert (CSV) | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Spautz.**

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn agedroen. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Max Hahn (DP) | Merci, Här President.** Jo, déi aktuell héich Energiepräisser treffen eis Gesellschaft an alle Beräicher. Si treffen d'Leit, besonnesch déi, déi sech manner gutt stinn a si treffen och eis Betriben.

Héich Bensinnspräisser stellen awer besonnesch d'Betriben am Transportsector virun existenziell Eerausforderungen. An dat ass net déi eenzeg Schwieregkeet, mat där dës Entreprisë confrontéiert sinn: Präisser, déi verréckt spillen, onstabil Mäert an déi domat verbonnen Onsécherheet féieren derzou, dass vill Betriben op hire Méikäschte sëtze bleiwen. A ville Fäll kënne si net einfach esou déi zousätzlech Käschten un hir Clienten weiderginn.

Den Transportsector ass e wichtege Pilier vun eiser Wirtschaft. Schonn eleng, well de Wuereentransport eng ëmmer méi wichteg Roll spillt, Stéchuert: Internetshopping, deen zënter der Pandemie komplett explodéiert ass. A selbsterständlech fëlle sech och d'Regaler an de Supermarchéen net vum selwen.

Donieft huet den Transport och spezifesch fir déi Lëtzeburger Ekonomie eng grouss Bedeitung. D'lescht Joer hunn eng 19.000 Leit an deem Beräich geschafft. Opgrond vun eiser génschterer Lag, matzen am Härze vun Europa, ass scho viru Joren d'Logistikbranche als strateegesche Secteur definéiert ginn, fir eis Wirtschaft weider ze diversifizéieren. Dofir ass et émsou méi wichteg, déi betraffe Betriben elo net am Ree stoen ze loossen a sécherstellen, dass se dës Kris och iwwerstinn.

Dobäi kënnt d'Eerausforderung, déi de Klimawandel grad fir dës Branche duerstellt. Sécherlech ass eng Pist, dass mer vill méi musse vun der Strooss op d'Schinn kréien. Manner Camionen op der Strooss bedeit net just manner Verkéier, den Transport mam Zuch ass och dätlich méi klimafrëndlech.

Allerdéngs fiert den Zuch net bis an de Supermarché eran an et gëtt och vill Fabricken, déi net un

d'Schinnennetz ugeschloss sinn. Et ass net just d'Last-Mile-Auslieferung bei de Client, mee och de grouse Wuerentransport, déi eeben trotzdem iwwert d'Strooss gefuer mussen ginn, sief et an der Camionnette oder mam Grousstransporter.

Déi betraffe Betriber brauchen dowéinst Ënnerstëtzung. Ënnerstëtzung engersäits, fir déi aktuell Situatioun ze meescheren, mee och anerersäits Ënnerstëtzung, fir hir Emissiounen méttelfristeg ze reduzéieren.

Am Kader vum Tripartite-Accord huet d'Regierung dowéinst konkret Hëllef mat de Sozialpartner ausgehandelt, fir genee dës Betriber ënnert d'Aerm ze gräifen. Éischters kuerzfristeg, fir déi aktuell Surcoulen ofzefiedere. Am Tripartite-Ofkommen huet d'Regierung sech jo engagéiert, Aidë fir den Transportsecteur anzeféieren. Well de Framework vun der Europäescher Kommissioun nëmmen d'Elektresch an de Gas betrëfft an net de Bensinn oder Diesel, konnt d'Regierung dee Moment nach keng konkret Propose maachen. Dat muss mat der Europäescher Kommissioun ofgeschwat ginn. D'Kommissioun muss hiren Accord ginn, mee dës Diskussiounen lafen, souwäit ech weess, momentan op Héichtouren.

Als DP hoffe mer natierlech, dass si sech hei séier eens ginn, dass séier Aidë kommen, fir de Betriber ze hëllefen, vun deenen der wierklech – ech sot et schonn – aktuell vill hanne bäi a vir widder sinn.

Zweetens: Am Tripartite-Accord sinn och Subside virgesinn, fir méttel- a laangfristeg de Betriber ze hëllefen, hir Flott klimaneutral ze gestalten. Dëst ass och net onbedéngt eppes Neies. De Premierminister Xavier Bettel huet schonn an der Ried zur Lag vun der Natioun annoncéiert, dass zousätzlech Hëllef fir d'Betriber ausgeschafft ginn, fir si an dëser ökologescher Transitioun ze begleeten. An deem Sënn sinn d'Mesurë vum Tripartite-Ofkommen eng Weiderfëderung an eng Verstärkung vun den Efforten, déi bis elo scho geleescht goufen.

Als DP sti mer vollkommen hannert dës Moossnamen. D'Subventiounen fir d'Installatioun vu Bornen an d'Ënnerstëtzung bei der Acquisitioun vu klimaneutralen Camionen a Camionnetten, fir nëmmen déi ze nennen, sinn an eisen Ae gutt Pisten, fir dass déi betraffe Betriber op Dauer méi ëmweltfrëndlech an, wa mer déi aktuell Bensinnpräisser kucken, och méi käschtegëschteg schaffen kënnen.

Gradsou kloer ass et fir eis awer och, dass een d'Effektivitéit vun deene Mesuren am A behale soll. Et soll ee se evaluéieren a wann néideg upassen, fir dass se och hir Ziler an hir Zwecker erfëllen.

Dowéinst ass an deem Kader den Austausch mam Terrain nëmme sënnavoll, fir mat den Acteuren eeben ze kucken: Wat ass de Besoin? Wat klappt? A wat kéint nogebessert ginn? Ech weess zum Beispill, dass eng laang Fuerderung vum Secteur déi vun den Eco-Combien oder Gialiner ass. Als DP denke mer, dass sou Camionen, déi ëmmerhin awer d'Emissiounen an d'Käschten ëm 20 % reduzéiere kënnen, op verschiddene besteeënde Strecken kéinte ganz sënnavoll sinn, an zwar do, wou se keng Konkurrenz zum Zuch duerstellen.

Dëst gesot, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren, awer ech géif och nach ganz gären dem Interpellant, dem Marc Spautz, Merci soen, dass hien dës Aktualitéitsstonn op den Ordre du jour gesat huet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | An ech soen dem Här Max Hahn Merci a ginn d'Wuert direkt weider un déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Francine Closener (LSAP)** | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, virun zwee Joer ass ville Leit eréischt esou richtig bewosst ginn, wat et bedeit, wann d'Regaler am Supermarché trotz Pandemie a Lockdown gefëllt sinn. Eppes ass kloer: Ouni den Transportsecteur bleift d'Lëtzebuurger Wirtschaft an domadder dat ganz Land einfach stoen.

An och wa mer bis elo net ëm eis Liewensmëttelversuergung hu mussen fäerten an och an de leschte Méint keng penibel Hamsterkeef méi ze gesi waren, heescht dat jo awer net, datt et dem Transportsecteur wierklech gutt geet.

Am Géigendeel: Klimakris, Pandemie a Krich hu massiv Auswirkungen op déi ganz Logistik. Dat heescht: Problemer, déi mer scho virdrun haten, sinn elo richtig akut. An duerfir och vu menger Säit aus en décke Merci dem Marc Spautz, fir dat hei ze thematiséieren.

Och wa mer am Alldag elo e bëssen d'Gefill hunn, wéi wann d'Pandemie ganz eriwier wier, esou ass se am Transportsecteur ganz sécher immens present. Lockdownen um aneren Enn vun der Welt léise bei eis Retarden a Liwwerengpäss aus. Ganz Liwwerkette ginn doduerjer gestéiert. Dobäi kënn natierlech de fierchterleche Krich an der Ukrain. Engersäits muss dee ganze Raum ëmflunn an ëmfuer ginn an anerersäits sinn duerch de Krich europawäit iwwer 100.000 Chauffere verluer gaangen. De Secteur mécht scho laang op de Chauffermanktem opmierksam. Elo spëtz dat Ganz sech zou.

D'Penurie u Chaufferen ass awer leider nëmmen een Deel vun den Erausforderungen. Wann ee weess, datt de Verkéier den Haaptmittelpunkt vun den CO<sub>2</sub>-Gasen ass, da weess een och, ënner wéi engem Zugzwang dee ganzen Transportsecteur steet. Grad an Zäiten, wou d'Sprittpräisser eenzel Transporteuren un de Rand vun der Existenz dreien, ass et nach méi schwéier bis onvirstellbar, esou eng nohalteg Energietransitioun an den Delaien hinzekréien.

Et ass nu mol eebe leider esou, datt grad d'Camionen, den dreiwende Motor vun der Wirtschaft, mat Diesel fieren an dat ass beim beschte Wëllen net vun haut op muer ze änneren. An awer weise jo déi aktuell Energiepräisser, datt Diesel souwuel aus ökologesche wéi och aus ekonomesche Grënn net laangfristeg d'Léisung ka sinn.

Fir dem Transportsecteur ënnert d'Aerm ze gräifen, müssen duerfir elo sou séier wéi méiglech zesummen Alternative gesicht ginn. Als Éischt deet d'Regierung gutt drun – an de Solidaritéitspak gesäit dat jo och vir –, fir den Entrepreneuren ze hëllefen. Si kënnen net déi ganz Präishaussen op hir Clienten ofwälzen. D'Margë si scho kleng. De Carburant mécht zirka een Drëttel vun de Käschten aus. Fir déi grouss Clienten hunn d'Transporteuren jo an de Kontrakter déi sougenannt Clause surcharge gasoil, mee dat hëlleft och net alles. Grad fir kleng Betriber kann et enk ginn. Et ass also gutt, wann d'Regierung hei zu bestëmmte Konditiounen eng Aide kann accordéieren. Och dat ass Solidaritéit.

À terme mussen mer awer och – a virun allem am Wuerentransport – ëmdenken, wann et ëm d'Energie geet. Duerfir sinn Investitiounsprogrammer néideg, déi d'Transporteuren encouragéieren, Camionen auszuprobéieren, déi entweder mat Stroum oder iergendwann och mat Waasserstoff bedriwwen ginn. D'Entwécklung leeft jo op Héichtouren. Nach ass de Käschtepunkt héich – ze héich. Och duerfir sinn déi Investitiounsprogrammer absolut néideg. Innovatioun an Nohaltegkeet, CO<sub>2</sub>-Prinzipien, op déi och eis Wirtschaftspolitik an de Wirtschaftsministère sech baséiert, dat kënnen mer nëmme begreifen.

D'Fërderung an d'steierlech Begëschtegung vu Biofuel kann och e Bäitrag fir de Klima sinn, wann –

awer nëmme wann! – déi ganz Produktioun hannerdrun och nohalteg ass an ëmweltpolitesch Sënn erëgt.

Wa mer vun Energietransitioun schwätzen, da geet et awer net duer, dieselfräi Camionen fieren ze loosse. Mir brauchen och d'Infrastruktur, déi d'Transitioun iwwerhaapt méiglech mécht. Lëtzebuerg ass eng Haaptverkéiersachs an Europa. Vun uewen an ënnen, lénks a riets fieren d'Camionen duerch d'ganz Land. Vill vun deene Gidder gehéieren och op d'Schinnen, mee d'Potenzial vun de Schinnen läit grad bei de wäiten Distanzen. An hei ass europawäit jo awer nach immens vill nozehuelen. Et feelt un deenen néidegen Infrastrukturen op der Schinn an op der Strooss. Souwuel fir d'Camionen wéi och fir d'Chauffere brauche mer eng adequat Infrastruktur, wa mer weiderhin e wirtschaftlech interessante Standuert wëlle bleiwen.

Duerfir brauch den Transportsecteur engersäits Hëllef fir d'Energietransitioun hinzekréien. An anerersäits brauchen d'Chaufferen déi schonn ugeschwaten adequat Aarbechtsbedéngungen. Se brauchen Infrastrukturen, déi se an hirem Beruff ënnerstëtzen an déi human sinn. Dat heescht: méi securiséiert Raststätten, genuch Ofstellplaz fir Camionen, genuch Plazen, wou d'Chaufferen hir Paus maache kënnen, wou se sech wäschten, wou se schloufe kënnen. Soulaang d'Chaufferen net dat do kréien, wat se brauchen, soulaang wëll ech keen dee Beruff ausüben. Soulaang hu mer e Problem am Transportsecteur. Dat huet net nëmme Konsequenzen fir d'Wirtschaft allgemeng, mee eeben och op d'Aarbechtsplazen, déi do drun hängen.

Als Konklusioun also: Mir sinn éischters fir direkt Hëllefen ënner bestëmmte Konditiounen, fir d'Präishaussen vum Spritt ofzefiedere; zweetens fir Investitiounsprogrammer fir den Transporteuren ze hëllefen, op Elektrocamionen ëmzeklappen, respektiv op waasserstoffgedriwwen Gefierer; drëttens fir d'konsequent Ausbaue vum Schinnereseau fir déi laang Distanzen; a véiertens natierlech fir anstänneg Aarbechtskonditiounen fir d'Chaufferen.

Aleng léist Lëtzebuerg d'Problemer vum Transportsecteur sécher net. Dat ass richtig. An awer dierf dee Secteur mat senger Betriber, mat senger Leit net wéi e Steifkand behandelt ginn. Dat géif jiddefalls net zu engem Standuert Lëtzebuerg passen, dee sech mat multimodalem Hub a Logistikexpertisen weiderhi wëllt en Numm maachen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Closener. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Jessie Thill. Madamm Thill, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Jessie Thill (déi gréng)** | Här President, Här Minister, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt wollt ech dem Här Spautz Merci soe fir dës Heure d'actualité.

Am Transportsecteur sinn etwa 17 %, also all fënneft Plaz, hei am Land net besat. Dëst obwuel d'Salären ëmmer weider klappen. Schold doru si schlecht Aarbechtskonditiounen an en allgemeng éischter schlechte Ruff vum Secteur wéinst onprevisibelen Aarbechtszäiten, vill Stress a weening Unerkennung vun hirer wichteger Aarbecht.

Während der Pandemie hu mir gespuert, ewéi wichtig dës Secteur ass, fir ons Regaler an de Supermarché gefëllt ze halen. D'Tendenz vum Mangel u Camionschauffere war an onsen Nopeschlänner schonn éischter vill méi staark ze spieren, well mir duerch ons méi



héich Salairen an der Groussregioun awer interessant waren.

66 % vun de Camionneuren, déi fir Lëtzebuergesch Transportfirmen fieren, si Frontalieren a befanne sech elo, wéi den Här Spautz et richteg gesot huet, duerch eng europäesch Direktiv an där kokasser Situatioun, datt se duerch hiren Job vill an hiren Heemechtslänner ënnerwee sinn an esou och do besteiert a krankeverséichert ginn, obwuel se fir e Lëtzebuergesche Patron schaffen.

Änlech ewéi beim Teletravail mussen hei déi zoustänneg Ministeren hir Beméiunge verdéiwen, fir mat eisen Nopeschlänner en Accord ze fannen, fir dës Situatioun ze léisen.

Mat den aktuellen Energie- a Sprittpräisser schmélzen d'Margé vun den Transporteuren. Dofir gouf am Tripartite-Accord zrëckbehalen, fir och ze analyséieren, fir den Transportsektor vu Marchandisé mat enger Aide ze ënnerstëtzen. Mee fir durabel onofhängeg ze gi vu schwankende Sprittpräisser, gëtt et just eng Léisung, op déi ech elo nach méi ausféierlech wëll agoen, an zwar e fossillfräien Transportsektor.

Den Transportsektor huet 2021 65 % vun onsen CO<sub>2</sub>-Emissiounen hei zu Lëtzebuerg ausgemaach. Dofir ass et wichteg, datt dëse Sektor seng sektoriell Ziler, déi am Kader vum Klima- an Energieplang identifizéiert goufen, erreecht. D'Zil fir de Wuerentransport ass et, de gesamte Sektor ze dekarboniséieren. Bis 2030 sollen d'Emissiounen ëm 57 % reduzéiert gi par rapport zu 2005.

Et geet also drëms, vum knaschtege Verbrenner hin zu Waasserstoff an Elektro ze wiesselen.

Virun e puer Woche war ech, zesumme mam Paul Galles, op der Sustainability Week vum „Economist“ zu London, wou ënner anerem eng Rei Vertrieeder aus den Industrien hir Vuë fir d'Zukunft presentéiert hunn, wat grad gutt oder schlecht leeft, wat se brauchen, wou se higinn a wat se fir d'Transitioun a Richtung Klimaneutralitéit brauchen, fir déi gemeinsam hinzekréien.

Firwat erzielen ech dat elo hei? Ma well do och eng Firma geschwat huet, déi eebe Camion fir Transportfirmen baut. A wat den Här sot, war ganz interessant. Éischtens: Bei dëser grousser Firma setzt een an Zukunft bei de Camionneuren gréisstendeels op elektresch Camionen an net op Waasserstoff. Zweetens hu se sech selwer d'Zil gesat, bis 2040 komplett, zu 100 %, fossillfräi ze sinn.

E klore Message, deen och vun hinne kouw, war, datt ee kloer politesch Linne brauch, fir datt d'Industrie an d'Fuerschung schnell an effikass virukommen, a wéi wichteg och e gewëssene Carbon Pricing ass, fir datt den Hersteller hir Clienten – an dësem Fall d'Logistik-Betriber – och hiert Verhalen änneren an ëmklammen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Natierlech mussen awer och d'Transporteuren ënnerstëtzt gi beim ëmklammen. Hei sinn ech frou, datt an der Tripartite festgehalé gouf, en Aidëregimm en place ze setzen, fir d'Entreprises dobäi ze ënnerstëtzen, wa se op Elektresch ëmklammen.

Interessant ass et an enger éischter Etapp, besonnesch ëm d'Stad an déi sougenannte „last mile“ elektresch ze fieren. A fir déi weider Etapp wäert grouss Opluedinfrastrukturen ëm eis Autobunne warscheinlech gebraucht ginn.

Oft gëtt bei Elektrocamionen och d'Fro mat der Capacitéit, respektiv der Reechwäit gestallt. Ma d'Heavy-Truck-Batterien, déi a Camionen agesat ginn, si ganz

effizient. Interessant ass hei, datt wann d'Batterien eng Kéier net méi effizient genuch sinn, fir am Camion benotzt ze ginn, well se zum Beispill e gewëssenen Alter hunn, kënnen se nach ëmmer weider genotzt ginn, fir zum Beispill Energie aus erneierbaren Energien ze stockéieren. Dëst Beispill weist, wéi wichteg den Ausbau vun der Économie circulaire ass an datt se och „good for business“ ass.

Ofschléissend géif ech gäre soen, datt den Transportsektor, certes, net ëmmer dee beschte Ruff huet an och fir vill Emissiounen responsabel ass. Esou ass et awer e wichteg Sektor, dee mir brauchen. A wou mir musse gemeinsam dru schaffen, fir e méi nohalteng a fit fir d'Zukunft ze maachen, mat fairen a méi attraktiven Aarbechtskonditiounen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Thill. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, fir unzefänken, dem Här Marc Spautz Merci ze soe fir dës Aktualitéitsstonn zu dësem dach wichtegen Theema.

Mir liewen haut an enger, kann ee soen, aarbechtsopgedeelter Gesellschaft. An d'Liewensoder vun esou enger Gemeinschaft ass nun emol d'Logistik. Et muss een och feststellen, datt ... Ech hu jorelaang an enger Fabrick geschafft, a fréier war et d'Lager an de Fabriken, haut si se op de Stroossen. Ech mengen, dat dréit och derzou bäi, datt ëmmer méi Stress opkënnert an ëmmer méi onmenschlech Saachen do musse gemaach ginn.

Wann dës Liewensoder verstoppt, da stierft de Wirtschaftskierper oder e kritt ferm den Houscht, wat en Afloss huet op eis Économie. Dat sinn d'Folleg vun der weltwäiter Globaliséierung, wou Wuere vun all Aart, ob grouss oder kleng, iwwert d'hallef Welt transportéiert ginn.

Mee wéi sou dacks sinn et déi einfachst Saachen, déi gären am séierste vergiess ginn oder net genuch respektéiert ginn. A mir gesinn hei effektiv eng Tendenz, déi riskéiert, datt eis logistesche Liewensoder lues awer sécher zu engem Problem gëtt.

Jo, mer verfüge mam Findel a mam Beeteburger Logistik-Zenter iwwer eng ganz performant international Loft- an Zuchverbindung, mee weeder den Zuch nach de Fliger bréngen d'Liewensmittel bei de Supermarché, de Bensinn op d'Tankstell, d'Mëllech an d'Molkerei, net ze schwätze vun all deenen anere Matièreën, déi uechtert d'Land gebraucht ginn. A wat nei ass: déi Päckzouliwwerer, déi déi lescht Joren duerch den Onlineservice ëmmer méi opkommen. An dann därefer mer och eppes net vergiessen: den internationalen Transport.

Fir all déi Saache brauche mer en effizienten Transport iwwert d'Strooss. An hei hu sech an de leschte Jore grouss Chantieren opgemaach, an zwar an dräi Beräicher: éischtens emol e Mangel u qualifiziertem Personal, eng steierlech Iwwerbelaaschtung oder Onsécherheet deelweis, eng technikeindlech a bürokratesch Belaaschtung.

Den Impakt vun esou engem Personalmankem konnte mer d'lescht Joer androcksvoll bei eise brittesche Kolleegen gesinn. Schonn am Januar hat d'„Lëtzeburger Wort“ d'Gefor vu brittesche Verhältnissen hei am Land thematiséiert, wouropshi mer der Regierung eng deementspriedend parlamentaresch Fro gestallt haten. D'Antwort war leider e bëssen ernüchternd an d'Situatioun huet sech duerch d'Ukrain-Kris méttlerweil leider nach verschäerft. Méttlerweil feelen a ganz Europa ronn 400.000 Camionschaufferen.

Géint de Mangel u qualifiziertem Personal hëllef laangfristeg nëmmen eng performant Ausbildung an en attraktiv Berufsbild. A ville Länner gëtt méttlerweil diskutéiert, de Walalter op 16 Joer erfrozesetzen. Och dat gouf dës Woch schonn zu Lëtzebuerg diskutéiert. Just wann et drëm geet, fir groussjäreg Matbierger um Wee fir an hiert Berufsliewen ze erlaben, eng Aarbechtsmaschinn ze benotzen, da scheie mer eis, dëst virum Alter virun 21 Joer zouzeleossen. Ausname kënnen wuel gemaach ginn an dat mécht dann och eng zousätzlech Formatioun zu Suessem, wat keng schlecht Saach ass, mee och hei musse mer feststellen, datt dës Capacitéiten un hir Grenze stoussen. An do ass och dann en Hemmschong dran.

Mir géifen eis als ADR duerfir freeën, wa mer an den nächste Méint eng Debatt kéinte kréien, fir de Beruff vum Camionschauffer an eng diploméiert Ausbildung als Logistikhandwierk ze iwwerféieren.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Dëst wier awer eng Moossnam, déi frëistens an e puer Joer kéint gräifen, während mer och kuerzfristeg Ofhëllef musse leeschten.

Wéi kann awer de Beruff méi attraktiv maachen, ouni de Sektor ze belaaschten?

Et bleift eng lescht Méiglechkeet: D'Erhéijung vun der Transportcapacitéit pro Chauffeur, mam Asaz vu sougenannte Gigaliner. Nieft dem éischte Gewinn beim Transportvolumen kéinten d'Firmaen hir Transportkäschte méi oder wéineger zu 30 % reduzéieren.

Mat Recht, an dat wëlle mer och ganz kloer soen, gëtt drop higewisen, datt eis Landstroossen an eis Uertschaften net op den Asaz vun esou Gefrierer ausge-riicht sinn. Dat ass ganz kloer. Mir wollten awer eng testweis Zouloossung vun den Eco-Combien op enger ausgewielter Streck mat dem Beeteburger Logistikzenter an dem Findel. Hei ass den Här Minister ons eng konkret Äntwert schëlleg bliwwen.

Wéi an enger Rei vu Presseartikelen ze liese war, sinn eis Partnerlänner aus der Benelux schonn 2015 an 2016 mat enger textlech fäerdegger Offer un eis erugetrueden, fir déi Camionen, op Basis vun enger Ausnameregelung, EU-wäit gesinn, an engem gemeinsame Pilotprojet ze testen. Just, souwäit mir informéiert sinn, huet eise Minister deen Accord net ginn. An an deem Sënn do, géife mer eng Motioun deponéieren, déi deem géif Rechnung droen.

An ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Motion 1**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

– *Lëtzebuerg, wéi och vill aner EU-Länner ënner engem akuten Mankem u Camionschauffere leit;*

– *de finanzielle Spillraum vu ville Firmaen, fir méi attraktiv Aarbechtskonditiounen ze bidden, opgrond vun den héije Käschteverpflichtunge vis-à-vis vum Staat staark ageschränkt ass;*

– *eng erhéicht Ausbildung vu Camionschaufferen néideg ass, awer réischt laangfristeg Ofhëllef leeschte kann, ass sech bewosst, datt*

– *eng kuerzfristeg Deelléisung an der Erhéijung vum Transportvolumen pro Chauffeur läit;*

– *duerfir déi am Ausland schonn zougeloossen Eco-Combien eng wichteg Roll spillen;*

– *dës Gefrierer d'Käschte vun eisen Entreprises ëm bis zu 30 Prozent reduzéieren an domat neie Spillraum fir méi attraktiv Aarbechtskonditiounen erméigleche kënnen;*

– d'Belsch an Holland eis schonn 2015/2016 eng Participatioun un engem gemeinsame Pilotprojet ugebueden hunn, fir Eco-Combien an enger Testphas zouzeloossen an entsprechend Erfahrungswärter ze sammelen;

– dës Proposition vum deemolegen an aktuelle Verkäiersminister ofgeleent gouf an doduerch iwwer Jore wäertvoll Zäit verluer gaangen ass,

fuerdert d'Regierung op,

– déi aktuell Kris als Chance ze begräifen an eis belsch an hollännesch Partner ëm en nodréigleche Bäitrëtt zum virdu genannten Accord unzesichen, fir d'Eco-Combien hei am Land an enger Testphas zouzeloossen an duerch entsprechend Analysen ze begleeden.

(s.) Jeff Engelen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci. Här President, an de leschte Méint hate mer eng zimmlech spektakulär Hausse vun den Energiepräisser. An et ass evident, datt verschidden Entreprises dat ze spiere kréien. Transportfirmen, souwäit se nach ëmmer op fossill Brennstoffen ugewise sinn, sinn natierlech dorënner. Do schloer sech 20, 30, 40 oder 50 Cent méi pro Liter direkt an de Bicher nidder.

Mir hunn als déi Lénk ëmmer gesot, datt mer net dergéint sinn, den Entreprisë mat Steiergelder ënnert d'Äerm ze gräifen, wa se mat enger Situatioun konfrontéiert sinn, fir déi se näischt kënnen. Och, well dat am Sënn vum Maintien dans l'emploi ass. An dofir hu mir bei de Covidmesurë jo och ëmmer derfir plädéiert, datt un déi Aidë sozial Konditiounen soll gebonne sinn.

Mee virun allem mussen esou Hëllef ganz geziilt konzipéiert ginn. Dat heescht: Et muss ee genee Secteur pro Secteur kucken, wien dann tatsächlech ënnert der Krisensituatioun leit, an dann op d'Ursachen hi reagéieren. Bei den Transportentreprisë wieren dat logescherweis Staatshëlfe, déi probéieren, d'Méikäschte bei de Sprittkäschten opzefänken, déi ee jo relativ einfach berechnen kann.

An d'EU-Kommissioun huet do jo och ganz wäitreechend a flexibel Méiglechkeeten opgemaach. Si huet eng ganz breet Palett vu Mesuren erlaabt, mat där ee ganz differenziéiert Hëllefesprogrammer hätt kënnen ausschaffen. Mee d'Regierung notzt déi Méiglechkeet just ganz begrenzt.

Am Tripartite-Accord steet just, si géif sech derzou engagéieren, d'Méiglechkeet ze analyséieren, fir dem Transport- oder dem Konstruktionssektor eventuell Hëlfele zoukommen ze loossen. An do soe mir dann awer: Do ass awer e klengen Hic an der Argumentatioun.

An der Tripartite gëtt doriwwer gekrasch, et wier weinst den héijen Energiepräisser an de Liwwerketteproblemer duerch den Ukrain-Krich, datt mer onbedéngt müssen den Entreprises hëlfele. An amplat da genee op déi Problemer do hin ze wirken, gëtt einfach mol den Index manipuliert an domadder mat der Strenz iwwert datt ganz Patronat gefuer. Eeben och fir d'Krisegewënner – mir ginn es net midd, dat och ze soen –, déi Rekordbenefisser erakréien esou wéi Amazon, PwC, d'Banken an och d'Cargolux. Firwat? Ma well d'Energiepräisser am Ukrain-Krich vun Ufank u just e Virwand waren, fir eng strukturell Attack op den Index ze reiden. An déi heite Regierung huet sech dunn, ouni ze zécken, zum Handlanger vun der Chambre de Commerce gemaach.

De klengen a mëttelstännege Betriber a virun allem den Handwerksbetriber oder eeben och de klengen Transportfirmen, déi tatsächlech ënnert deenen Energiepräisser an de Liwwerketteproblemer leiden, huet d'Regierung domadder och nach an de Fouss geschoss, well déi Firmen hu jo virun allem de Problem, an dat gouf och scho virdu he gesot, datt se keng qualifizéiert oder iwwerhaupt keng Leit fannen. A mat der Lounmanipulatioun mécht se déi Beruffer jo och nach vill méi onattraktiv.

An da wëll ech zum Schluss nach op eppes agoen: Déi Hausse vun den Energiepräisser kënn jo awer wierklech net vum Himmel gefall! Si ass vläicht elo immens brutal, well se a kuerzer Zäit kënn. Mee mir wësse weinstens zanter 40 Joer, datt mir müssen aus de fossillen Energien erausklammen, an datt et do weinst fréier oder spéider zu klammende Präisser géif kommen. Mee näischt gouf ënnerrholl oder – soe mer et emol léiwer esou – bei Wäitem net genuch, fir eis Economie dorobber virzebereeden. An elo, wou d'Kand am Pëtz läit, gëtt Pompjee gespillt!

Et ass bezeichnend, datt d'EU-Kommissioun an och d'Memberlänner elo op eemol Noutfallprogrammer fir den Ausbau vun erneierbaren Energien aus dem Hutt zauberen.

Säit och mindestens 30 Joer warnt nämlech d'Wessenschaft, datt mer eise Planët onbewunnbar maachen. Mee dat war anscheinend net Grond genuch, fir eppes ze ënnerrhuelen. Just elo, wou et op eemol ëm d'Profitter vun den Entreprisë geet, elo op eemol beweegt d'Politik sech an et schéngt eppes ze bougéieren. Endlech! Virdu gouf hei gesot, kloer politesch Linne bräichten d'Entreprises. Ma ech hoffen, datt mer déi elo kréien an datt mer virukommen an den erneierbaren Energien an datt mer domadder och am Transportwiese virukommen.

Merci, fir d'Nolauschtenen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Och wa Lëtzebuerg e relativ klengt Land ass, mee wie kennt et dann net: op engem Flughafen iergendwou eng Cargolux-Maschine ze gesinn oder wann een an d'Vakanz fiert, e Camion mat de bekannte giele Placke mat engem L drop?

Am Transportberäich ass eist Land zimmlech grouss. Zumindest vill méi grouss wéi den Territoire.

Jo, d'Energiepräisser setzen den Transportfirmen am Moment alleguerten zou. Mee et muss een awer och éierlech sinn a soen: Déi, déi virdu schonn erkannt hunn, dass et eng Klimakris gëtt an op neit Material gesat hunn, dat vill méi spuerson ass, hunn elo de Virdeel a kënnen hire Clienten déi bescht Offeren ënnerrbreen. Dat heescht, duerch déi Hausse op den Energiepräisser op der Poppel sinn elo déi am Virdeel, déi fir d'Ëmwelt schaffen.

Jo, mir Piraten hunn eis och dergéint ausgeschwat, déi 7,5 Cent den Transportbetriber ze ginn, well mer net gesinn, dass dat just reng Lëtzeburger Betriber sinn, déi elo wäerte profitéieren, mee am Contraire. Et zitt een aus der ganzer Regioun ... jo, souguer aus Spuenie maache Leit Ëmweeër, wa se Richtung Däitschland oder Skandinavie fueren, fir elo iwwer Lëtzebuerg ze fueren, fir tanken ze komme mat deene 7,5 Cent. An elo seet ee 7,5 Cents. Nee, déi kréien och nach eng Kéier déi 17 % TVA nogelooss a si hunn Tankkaarten, mat deene se dann nach eng Kéier bis zu 10 % Remise kréien.

Wat de Personalproblem ubelaangt: Jo, d'sozial Konditiounen am Transportberäich sinn net ëmmer gutt. Et ass net, wéi der sonndes owes kënn kucke bei „Trucker Babes“, wou alles schéin ass an dat gutt funktionéiert.

(Interruption)

„Trucker Babes“, kennt Der déi Sendung net?

Et ass eng ganz flott Sendung. Ech wëll net ze vill Reklam maachen, mee et ass eng Sendung, déi op Kabel 1 leeft. Do kënn Der Fraen, déi sech fir de Beruff vum Transport entscheet hunn ... Dat leeft ganz ... Milliounen Leit kucken dat an Däitschland, dat ass ganz interessant. Do kënn Der da kucken, wéi den Alldag am Transportberäich ass ...

(Brouhaha)

... an och ganz positiv duergestallt, fir de Beruff eng Kéier ... a fir ...

(Interruption)

Jo, den Titel huet Kabel 1 erausgesicht, net ech.

Mee et ass net alles esou roseg, wéi et do um Fernsee duergestallt gëtt. An deementspriedend muss ee ganz gutt op déi sozial Konditiounen oppassen. An dat duerch ganz Europa. Well wie kennt et net? Da gesäit een e Camion. Dann ass zwar hannen um Unhänger déi Lëtzeburger Plack a vir ass awer eng aner Plack, well de Chauffeur enzwousch anescht ugemellt ass an enzwousch anescht bezuelt gëtt. Dat si Saachen, do muss ee ganz kloer Reegelen treffen.

Wou mer beim Transport sinn, kommen ech awer och net laanscht d'Aviatioun. Huele mer do e ganz rezent ... Ech hat do eng Question parlementaire gestallt, dass eis national Fluchgesellschaft zum Beispiel elo higaangen ass a se mécht e „wet lease“. Fir dat eng Kéier kuerz ze erklären: Si huet eng däitsch Fluchgesellschaft geholl, déi fir si d'Personal stellt, dat heescht, dat net ënnert de Lëtzeburger Bedéngunge flitt, fir da kënnen hir Capacitéiten eropsetzen. Dat sinn elo een, zwee Fligere. Mee dat ass, wéi am Transportberäich, e ganz grouse Risiko, well d'Cargolux huet et och schonn änlech gemaach mat Cargolux Italia, soudass een do ganz genau muss oppassen, dass een net op esou Systemer geet fir et ze ëmgoen, déi sozial gutt Konditiounen zu Lëtzebuerg bäizebehalen.

Wat de Busberäich ugeet, do gëtt et zwee Aspekter. Fir d'éischt ginn ech op dee vum Ausland an an op dee vum Tourismus. Well et ass och esou: Wann d'Energiepräisser an d'Luucht ginn, da wäert den Inbound – dat heescht déi Leit, déi heihinner kommen – och musse méi bezuelen. Deementspriedend wäerten et eis Restauranten, Hotelle sinn, déi deementspriedend herno manner Clienten kréien an dann och erëm virun neien Erausforderunge stinn.

Wat de lokale Busverkäier ugeet, RGTR, AVL, TICE, do hat ech rezent eng Question parlementaire gestallt, déi da jo och beäntwert ginn ass, dass do automatesch de Staat, bezéiungsweis d'Gemengen déi Upassungen iwwerrhuelen an de Kontrakter. Dat heescht, bei deenen Offeren, déi beim neien RGTR ausgeschafft gi sinn, sinn d'Entreprises direkt ofgeséichert, dass de Staat oder d'Gemengen dat iwwerrhuelen.

Dat klengt den éischte Moment ganz gutt. A mir fannen dat och als Piraten gutt. Et ass just eng kleng Krux dran an dat ass den TICE am Süden. Den TICE am Süden, dee mat Äerdgas fiert a sech bewosst géint den Elektro entscheet huet, jo, do dierfen d'Gemengen elo esou vill bezuelen. An zwar ginn d'Gemenge vun 1.200.000 op 1.800.000, déi se elo musse fir de Gas bezuelen. Dat ass eng Steigerung vu



50 %, well den TICE et verpasst huet, fréi op Elektro ze goen.

A menger Question parlementaire war ech nach méi iwwerrascht, dass den TICE tëschent ... all Woch – o, ech hat elo gemengt, et wär all Mount – 30.000 bis 35.000 Liter Diesel bestellt. Nach eng Kéier: un d'Gemengen, déi elo musse méi bezuelen duerch déi automatesch Kompensatioun, well verpasst ginn ass, den ëffentlechen Transport am Süden unzepassen a méi ëmweltfrëndlech ze maachen.

Wat déi kleng Päck ubelaangt: Jo, Onlineshopping ass am Moment am Trend. Do si mir Piraten ganz der Meenung, dass ee muss higoen an déi kleng Camionen herno op Elektro ëmstellen. Ech weess, et gëtt och déi Grouss, déi et elo gëtt. Et gëtt e Mann aus Amerika, dee ganz vill Elektroautoe verkeeft, deen och schonn en Truck ugekënnegt huet mat 1.000 km. En ass leider nach net do. Mee dat wäert awer e Projet ginn, dee sécherlech op deenen 1.000 km immens vill Hëllef wäert.

An et gëtt en Internetgigant, deen elo, mengen ech, 100.000 Liwwerween, déi ganz elektresch sinn, an Amerika an Opdrag ginn huet. Do si mir leider an Europa nach e bëssen hannendran. Dat ass och eng Fro vun der Infrastruktur. Well si hunn Trucken, kënn Der Iech virstellen, déi Der net op der Chargy-Born luet. Do brauch een d'Infrastruktur vum Réseau. Do brauch een d'Infrastruktur, mat där déi alleguerte kënne lueden. An do ass et eeben och un der Politik, fir dat virzugesinn, wa mer wellen op eng ëmweltfrëndlech Aart a Weis den Transport organiséieren.

An ech soen och Merci dem Marc Spautz fir d'Ufro vun dëser Aktualitéitsstonn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Mobilitéitsminister François Bausch.

#### **Prises de position du Gouvernement**

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President an och den Deputéierte fir déi Debatt, an och dem Marc Spautz fir d'Initiativ.

Ech wäert als Éischte schwätzen. Ech sinn awer dee Kierzten. Ech soen dem Lex Merci, datt e mech virge-looss huet, well ech muss duerno op de Belval fueren, soss kommen ech do ze spët.

Ech wollt dräi Punkten opwerfen, déi an der Diskusioun elo hei wichteg waren, déi elo mech betreffen als Mobilitéits-/Transportminister. Deen Éischten ass dee vun de Konditiounen am Stroossentransport, fir iwwerhaupt ze fueren. Bon, ech mengen Dir wësst, et gëtt villen EU-wäit gereegelt. An ech kann Iech soen, ech sinn elo, jo, bal néng Joer an deem EU-Conseil Transport, an dat ass ëmmer ee vun de ganz grouse Sträitpunkte gewiescht an deene leschte Joren: d'Organisatioun vum Giddertransport virun allem op der Strooss.

Do gëtt et och e Rëss duerch Europa. Dir hutt am Fong déi osteuropäesch Länner an dann hutt Der op där anerer Säit Westeuropa, also Benelux, Frankräich, Däitschland an esou weider, déi nordesch Länner. Déi sinn ëmmer an enger Allianz, déi hat och en Numm eng Zäit, „Road Alliance“, an där d'Länner sech zesummedoen, d'Ministere sech reegelméisseg gesinn hunn, fir dann hir Positioun ze verrieden.

An natierlech louchen do oft d'Positiounen diametral géigeniwwer. Dat heescht, mir hunn natierlech eise Modell, och eise Sozialmodell, ëmmer mat verdeidgt.

An natierlech virun allem déi aus Osteuropa hunn dat alles e bësse méi labber gesinn. Et sinn och vill Capacitéite vum Transport dohinner verlagert ginn.

An dann huet dat natierlech och en immensen Impakt gehat op all déi Initiativen, wéi de „Road Package“, deen nach vun der leschter Kommissioun verabschit ginn ass, an deem et ëm esou Froe gaangen ass wéi de Cabotage. Wéi organiséiere mer deen? Wat ass do méiglech? D'Infrastrukture fir d'Chaufferen, zum Beispill: Dierf e Chauffeur an enger Kabinn schlofen, seng Nuecht verbréngen? Wou kënnen d'Roudeeg organiséiert ginn? Wéi oft muss e kënnen ... muss en obligatoresch heemfueren? Alles dat huet jo en immensen Impakt op d'Organisatioun an och op de Präis an esou weider vum Stroossentransport.

An och wann dee Package nach ugeholl ginn ass an der leschter Legislaturperiod vun der Kommissioun, sou ass dat natierlech nach net alles a Gesetzer gegoss ginn. Well e Package unhuelen an och ... Deen ass vum Conseil och ugeholl ginn, zwar net à l'unanimité, do hunn eng ganz Rei Länner dergéint gestëmmt – also oft gëtt jo an deene Conseile villen unanime ugeholl, mee an deem heite Beräich ass et oft net Unanimitéit, mee am Transportconseil brauch een och keng Unanimitéit, do kann ee mat enger qualifizierter Majoritéit eppes duerchbréngen –, mee dat muss elo nach an Direktive gegoss ginn. Dat ass nach wäit ewech.

An och déi Infrastrukturen – zum Beispill wou d'Camionen hir Rouzäite maachen a sou weider, wat fir e Service do gebuede gëtt, also alles méi gereegelt –, dat ass alles nach guer net en place, huet awer en Impakt op dat Ganzt.

Ech géif awer d'Chamber wierklech virdru warnen, fir déi heite Motioun vun der ADR unzuhuelen, an ech kann och erklären, firwat. Et ass och net richtig, wéi behaupt ginn ass, datt 2015/2016 Lëtzebuerg blockéiert hätt bei där Benelux-Initiativ. Wa mir blockéiert hätten, da wär se net zustane komm, well et konnt nëmme eng Initiativ si vu mindestens dräi Länner an dat heescht, ... D'Benelux sinn der bekanntlech dräi. An ouni eis Stëmm wär dat net gaangen.

Dat eenzeg, wat ech deemools gesot hunn a wat d'Lëtzeburger Regierung wollt, ass, datt an deen Accord drakënt, datt mir kee Problem hätten, datt wann d'Hollänner an d'Belch dat onbedéngt wéilte maachen, da kéinte se dat maachen: déi XXL-Camionen do zouloossen. Mee mir géifen dat op alle Fall net maachen. Mir géifen en anere Wee wielen. Mir hätten nämlech duerfir e grouse Multimodal zu Beetebuerg gebaut. Mir wéilten éischter op de multimodale Beräich setzen, Gidder op d'Schinn, d'Camionen op d'Schinn bréngen op grouse Strecken an esou wieder, an net dat dote maachen.

An do gëtt et awer och nach ganz gutt Grënn derfir. Well wann Der dat dote maacht, esou e Camion anzesetzen, dat ass einfach. Mee dee Camion, dee muss jo emol fueren. An dann: Dir wësst jo, wéi laang déi Dénger do sinn. Dat heescht, da muss Der d'Ausfaartsstroosse vun den Autobunnen esou bauen, mat de Rond-pointen – déi ginn do guer net an eis Rond-pointen –, datt dat alles vum Sécherheetsméisseg hier och funktionéiert. Dat kascht horrend Zommen. Et ass e Problem fir d'Verkéierssicherheit en général. An am Endeffekt ass et och an deene Länner, an deenen et probéiert ginn ass, bis elo kee Succès.

An Dir sot selwer hei: „2015/2016 ass et agefouert ginn.“ Wësst Der dann, wivill Projeten et da bis haut gëtt? Net schrecklech vill. Et gëtt een tëschent verschiddenen Häfen an Holland. Jo, dat ass eng riicht Streck. Do mécht dat och nach vläicht iergende

Sënn. Mee et gëtt net villes. Och déi Däitsch ..., den Här Dobrindt hat dat scho probéiert an Däitschland. Do ass bis haut nach net schrecklech vill. Déi Strecke sinn ausgewise ginn, wat do rullt. An ech soen Iech: Och am Secteur vun den Transporteure selwer ass dat extreemst contestéiert. An et sinn der ... Zum Beispill zu Lëtzebuerg hunn ech mat engem gréisseren Transporteur an der Zäit geschwat, fir seng Meenung och ze hunn, an deen huet mer gesot, si wäert guer net dorun interesséiert.

Also, wannechgelift, leent déi Motioun of, well dat ass diametral eppes aneres wéi dat, wat mir verrieden an ech mengen, datt et och iwwerhaupt net funktionéiert an dat ni d'Zukunft wäert ginn.

Just nach ee leschte Saz zu den Aiden: D'Regierung huet virun zwou Wochen den Transport combiné – déi Aiden, déi mer maachen, dat sinn ongeféier 26 Milliounen d'Joer – verlängert. Dat heescht déi sinn ausgelaf. Dat heescht, elo hu mer eng nei Period ugefaangen: 2022–2026. Dat ass e wichteg Instrument vun deenen Aiden. Dat si mat déi eenzeg Aiden an deem Sënn, déi méiglech sinn an Europa, déi also am Aklang si mat den europäeschen Texten. An déi hëllefen eis finanziell mat, datt mer kënnen d'Camionen op d'Schinn bréngen an ëmgedréit oder och vum Schëff op d'Schinn an den Transbordement besser hikeréien.

Duerfir sinn déi Aiden immens wichteg an déi ginn och ëmmer ganz gutt genotzt. Et sinn och ëmmer méi Lëtzeburger Firmen, déi sech Waggonen uschafe vun der Eisenbahn, fir mat op dee Wee ze goen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, dem Här Mobilitéitsminister François Bausch. An d'Wuert geet direkt weider un den Här Mëttelstandsminister Lex Delles.

**M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes | Merci villmools, Här President. Loosst mech, fir unzefänken, dem Här Spautz Merci soe fir dës Heure d'actualité, well et ass e ganz wichtige Secteur, deen ëmmer erëm emol kéint vergiess ginn. Dofir ass et och ganz interessant, dass en hei eng Kéier opbruecht ginn ass, an dass och wierklech Defie virun deem Secteur stinn.

Et ass esou, dass natierlech de Secteur vum Transport – an et ass vun e puer Riedner ugeschwat ginn – sech ënnerdeelt an den Transport vun 2,5 Tonne bis 3,5 Tonnen, iwwer 3,5 Tonnen, den nationalen, den internationalen, den Transport de marchandises op der Strooss, de Persounentransport. Et gesäit een also, dass et e ganz breede Secteur ass.

Wa mer just vum Secteur vun dem Transport de marchandises par route schwätzen, schwätze mer vun enger ronn 11.000 Mataarbechter, déi an deem Secteur sinn. Wa mer vum Transport de personnes schwätzen, deen den RGTR-Réseau plus natierlech – sou wéi et och vum Här Goergen ugeschwat ginn ass – alles, wat d'Touristebusser sinn hei zu Lëtzebuerg, ëmfaast, schwätze mer vu ronn 4.500 Mataarbechter. Wa mer dann nach dee ganze Secteur vun der Logistik kucken, deen hei jo nach net direkt ugeschwat ginn ass, deen awer ganz wichteg ass, grad an dësen Zäiten – ech wäert duerno nach op d'Digitaliséierung kommen, bei där et och wichteg ass, Aidé kënnen ze maachen, fir kënnen se funktionéieren –, schwätze mer och do nach eng Kéier vu ronn 8.000 Mataarbechter, déi an deem Secteur sinn.

Dat heescht, et sinn iwwer 22.000 Mataarbechter hei zu Lëtzebuerg, iwwert déi mer haut de Mëtte schwätzen.

Dass et eng Problematik gëtt, dass et Problemer gëtt, ... Mir hu während der Kris driwwer geschwat,

dass grad dëse Secteur Schwierigkeeten huet, well Liwwerketten ënnerbrach gi sinn. An do geet et wéi an engem Zännrad: Wann een Zant am Zännrad gebrach ass, ma dann ass e ganze Problem bei der Chaîne d'approvisionnement, déi hannendru kënnt.

Den Här Spautz huet vum „just in time“ geschwat. Ma genau do si jo déi Diskussiounen, déi gefouert ginn: Wann ee Camionschauffer enzwousch feelt, dann ass op där anerer Säit e Camion, deem net ukënnt, d'Marchandise, déi net do ass, wouduerch eng ganz Chaîne de production hannendru ka gestéiert ginn.

Do gesäit een, wéi wichteg de Secteur net nëmme fir Lëtzebuerg, mee natierlech awer ganz besonnesch fir Lëtzebuerg, awer och fir déi ganz Wirtschaft en général ass.

Da schwätze mer natierlech och an deenen heiten Diskussiounen vum Beetebuenger Hub, dee kreiert ginn ass, fir eebe grad do scho vun der Strooss op d'Schinnen, vun de Schinnen op d'Strooss, ... fir déi „last mile“, also fir déi lescht Kilometeren nach kënnen ze maachen. Do gesäit een, dass et e Projet ass, dee ganz gutt fonctionéiert. Mee och do ass et eebe wichteg, déi néideg Hëllefstellungen ze ginn, wéi den Här Bausch et och grad erkläert huet, och do kënnen déi néideg Aiden ze ginn.

Virdrun ass geschwat gi vum Accord tripartite, wou och do ... Ech mengen, et war d'Madamm Thill, déi et nach eng Kéier ugeschwat huet: Energie an Ekonomie, wéi kann een déi zwou Saache matenee verbanen, fir och do eng Dekarboniséierung ze maachen? Well de Secteur steet an Zukunft viru groussen Dëfen. Wéi kréie mer d'CO<sub>2</sub>-Emissiounen bis 2030 hin? Ma dat geet nëmme, wa Bornen ... An ech weess, dass do den Energieministère an de Wirtschaftsministère amgaange sinn, drun ze schaffen, fir op strateegesche Plaze laanscht d'Hauptachse scho kënnen elektresch Bornen ze setzen, déi natierlech anerer si wéi déi, déi ee vläicht doheem am Garage huet, bei deenen et fënnef Stonnen dauert, bis en Auto opgelueden ass.

Mee natierlech kann ee sech virstellen: Wann e Camion muss opgeluede ginn an deen och muss e puer Kilometer fueren, muss dat eng ganz aner Stärker hunn, vun enger ganz anerer Puissance sinn. An do huet och de Staat seng Responsabilitéit. An do ass och amgaangen, dru geschafft ze ginn.

Da wëll ech natierlech ganz kuerz awer nach op déi néideg Hëllef angoen. De Framework gesäit verschidden Hëllef vir. Dat eent, wéi et och am Accord tripartite steet fir energieintensiv Betriber – ech wëll net op den Detail angoen, well et ganz komplex ass. Et si méi wéi 3 % vun dem Chiffre d'affaires op den Energiepräis, deen un d'Energiekäschte gebonnen ass. Bei enger Augmentatioun vun esou vill Prozent kann een esou vill Prozent kréien. Dat ass eng Hëllef, déi sech net direkt un d'Transporteurs adresséiert.

Op där anerer Säit: eng Aide, déi Lëtzebuerg awer gemaach huet, dat ass de Surcoût vum Gasoil, also de Surcoût, deen do op se duerkënnt. Do ass Lëtzebuerg mat eent vun deenen eenzege Länner an der EU, dat déi Aiden do en place setzt. Et gëtt Modeller wéi a Frankräich zum Beispill, wou pro Camion eppes „one shot“ ausbezuelt gëtt. Hei zu Lëtzebuerg geet et drëm, do eeben aner Aidë kënnen en place ze setzen, fir den Transporteurs direkt kënnen ze hëllef.

Wat awer ganz wichteg ass, an domat wëll ech och ofschléissen, Här President, dat ass déi Saach vun der Digitaliséierung. Wa mer vun der Logistik an de Betriber schwätzen, schwätze mer natierlech och vu Leerfaarten. Wa mer dat Ganz nach digitaliséiert kréien, wou am Moment de Secteur ausgeschloss ass. Dat heescht, an der Loi PME ass de Secteur vun den Transporteurs ausgeschloss. Och do gëllt et awer, d'Gesetz unzepassen, dass verschidde Voleten, och déi Sociéitéte kënnen gehollef kréien. Zum Beispill an der Digitaliséierung, fir och do kënnen verschidde Programmer en place ze setzen, dass Leerfaarte vermidde ginn, dass de Wee direkt gekuckt gëtt an dee Wee, op deem een am meeschten Energie spuert, dann och ka geholl ginn a sou weider an esou weider.

Ech wëll en tout cas nach eng Kéier Merci soe fir dës Heure d'actualité.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Mëttelstandsminister Lex Delles.

#### **Motion 1**

Mir kënnen dëse Punkt awer net ofschléissen ouni iwwert d'Motioun, déi vun der ADR deposéiert ginn ass, ze befannen. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergäifen?

Da kënnen mer zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

#### **Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Marc Spautz), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par M. Félix Eischen), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Lydia Mutsch), Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass fir den 2. Juni virgesinn.

D'Sëtzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 18.06 heures.)*



## Sommaire

| Objet                                                                               | N°   | Auteur                                | Page | Objet                                                | N°   | Auteur                            | Page |
|-------------------------------------------------------------------------------------|------|---------------------------------------|------|------------------------------------------------------|------|-----------------------------------|------|
| Recyclage                                                                           | 6351 | Fernand Kartheiser, Fred Keup         | 94   | Phosphore dans les stations d'épuration              | 6408 | Gusty Graas                       | 97   |
| Consommation de tabac                                                               | 6352 | Nancy Arendt épouse Kemp              | 94   | Accès universel aux moyens de contraception          | 6410 | Mars Di Bartolomeo, Cécile Hemmen | 97   |
| Mesures de protection contre les inondations                                        | 6368 | Martine Hansen, Paul Galles, Aly Kaes | 95   | Épisodes de grande chaleur et plan national canicule | 6443 | Marc Hansen                       | 98   |
| Disponibilité des lits d'hôpitaux                                                   | 6404 | Léon Gloden, Max Hengel               | 96   | Épidémie de bronchiolite                             | 7378 | Sven Clement                      | 99   |
| Contraventions pour non-conformité de véhicules en matière d'équipements techniques | 6407 | Mars Di Bartolomeo                    | 96   | Troubles au Pérou                                    | 7394 | Laurent Mosar                     | 99   |

**Recyclage** | Question **6351** (15/06/2022) de **M. Fernand Kartheiser** | **M. Fred Keup** (ADR)

An engem Reportage, deen de 17. Mee am Journal op RTL ausgestraalt gouf, huet et geheescht, datt an de Recyclingzenteren an Zukunft nees verstärkt Gidder an de Wirtschaftskreeslaf sollen zeréckfléissen. Am besote Reportage gëtt d'Beispill vum SIVEC zu Schëffleng genannt, wou 70 Tonnen u Gebrauchsgéigestänn, déi anescht thermesch verwäert gi wieren, un nei Proprietäre weidergereecht goufen. Als Bierger geet een awer dovun aus, datt den Offall, deen ee fir de Recycling zortéiert, souwisou gréisstendeels fir d'Hierstellung vun neie Produite verwennt gëtt.

An deem Zesammenhang géife mir der Madamm Ëmweltminister gar dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi eng Offäll a wéi enger Quantitéit (ausgedréckt an Tonnen) während de Joren 2010–2021 zu Lëtzebuerg getrennt vuneneen agesammelt goufen a wéi vill Tonnen dovun nei verwäert goufen? Kann d'Madamm Minister preziséieren, op wéi eng Manéier(en) déi Materialien, déi net méi konnten nei verwäert ginn, entsuergt goufen a firwat?

2. Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi vill CO<sub>2</sub> duerch déi eenzel Aarbechtsschritt vum Recyclingprozess fräigesat gëtt a wéi vill Energie souwéi rar Ressourcen duerfir mussen agesat ginn? Lait der Madamm Minister eng Vergläichsetude vir, wéi dësse Bilan sech presentéiert, wann d'Materialien zerstéiert (thermesch verwäert) gi wieren an déi entsprecheend Produiten hätte missen nei hergestellt ginn, fir de reellen Ëmweltgewinn ze berechnen? Falls net, firwat net?

**Réponse** (10/08/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

D'Tabell gëtt en Iwwerbléck iwwer verschidden Offallfraktiounen, déi an de Joren 2010–2020 an den Haushalter separat agesammelt goufen. D'Quantitéit ass an Tonnen uginn an iwwert de kompletten Zäitraum vun 2010–2020 summéiert. Pro Offallfraktiounen ass a Prozent uginn, wéi vill vun dem Offall an deem Zäitraum stofflech verwäert ginn ass, a wann dat net Fall war, energieatesch verwäert oder eliminiéiert ginn ass. D'Problemstoffer, also problematesch a geféierlech Offäll, sinn och nach eng Keier a verschidden Ënnerfraktiounen opgedeelt. Fir net op all Offallfraktioun eenzel anzugeen, sinn an der Tabell fir déi Offallfraktioun „Problemstoffer“, d'stofflech an energieatesch Verwäertung mat 0–100 % markéiert, well

déi Wäerter jee no Ënnerfraktioun ganz ënnerschiddlech sinn.

Net ëmmer kann eng Offallfraktioun komplett stofflech verwäert ginn: Verschmutzungen, Fiichtegkeet oder aner Eegenschafte vum Offall kënnen dozou féieren, datt Dealer vun der Offallfraktioun entweder mussen energieatesch verwäert (Verbrennung mat Gewinnung vun elektrescher an thermescher Energie) oder eliminiéiert mussen ginn. Dat géif zum Beispill bei Offallfraktiounen wéi dem Pabeier a Kartong, Glas a Plastiker kënnen zoutreffen. An anere Fäll kann eng Offallfraktioun net stofflech verwäert ginn, wann en Ateur am Ëmfeld vu Lëtzebuerg feelt, deen e spezifesch Recyclingprozess fir déi Offallfraktioun ubitt.

ad 2. Obwuel fir déi verschidden Offallstréim erfaasst gëtt, a wat fir enge Recyclingprozesser wéi eng Zort Offall recycléiert ginn, leie keng spezifesch Donnéeën vir iwwert d'CO<sub>2</sub>-Emissiounen bei den eenzelen Aarbechtsschritt vum eenzele Recyclingprozesser, an deene Lëtzeburger Offäll behandelt ginn.

Fir de Recyclage ze promovéieren, huet d'Europäesch Kommissioun Recyclingsquote festgeluecht, déi d'EU-Memberstaate mussen anhalen. Sou schreift d'Offalkaderdirektiv 2008/98 vir, datt fir Déchets municipaux (Siidlungsoffäll) an Zukunft ëmmer méi héich Recyclingsquote mussen erfëllt ginn. Donieft ginn et och esou Recyclingsquote fir Verpackungen an Elektroschrott.

Der Kommissioun hir Bestriewungen, fir de Recycling vu verschiddenen Offäll ze promovéieren, sinn en ligne mat enger Rei Studien, déi vergläichen, wéi vill Zäregasemissiounen bei wéi enger Zort Recyclingprozesser am Verglach zu enger thermescher Verwäertung kënnen agespuert ginn. Als Beispill gouf bei esou enger Etude vun der ADEM berechent, datt bei enger thermescher Verwäertung vu PET 733 kg CO<sub>2</sub>e/t kënnen agespuert ginn, bei engem Recycling awer 3.062 kg CO<sub>2</sub>e/t.<sup>1</sup>

Donieft ginn et och eng Rei Life Cycle Assessment Studien, déi beleechen, datt am Allgemengen de Recycling ëmwelttechnesch favorabel ass vis-à-vis vun der thermescher Verwäertung.<sup>2</sup>

<sup>1</sup> [https://bilans-ges.ademe.fr/documentation/UPLOAD\\_DOC\\_FR/index.htm?missions\\_evitees.htm](https://bilans-ges.ademe.fr/documentation/UPLOAD_DOC_FR/index.htm?missions_evitees.htm)

<sup>2</sup> Life cycle assessment of the waste hierarchy – A Danish case study on waste paper  
<https://www.sciencedirect.com.proxy.bnl.lu/science/article/pii/S0956053X06002674>  
Life cycle assessment for waste management  
<https://www.sciencedirect.com/science/article/abs/pii/S0956053X06000578>  
<https://wrap.org.uk/resources/report/environmental-benefits-recycling-2010-update#download-file>

**Consommation de tabac** | Question **6352** (15/06/2022) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV)

Laut enger rezenter Studie stierwen zu Lëtzebuerg all Joer 1.000 Leit un de Follge vum Tabakskonsum. Wéi verschidde Studie bewisen hunn, huet d'Produktioun vun den Zigarette wéinst dem enorme Ressourcéverbrauch och Konsequenze fir d'Ëmwelt. Derbäi kennt, dass d'Natur duerch Zigarettestëmp verknascht gëtt. An trotzdeem geet den Tabakskonsum weider erop, virun allem bei de jonke Leit. An dësem Kontext géif ech gär follgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch an un d'Madamm Ëmweltministesch stellen:

1. Kënnt Dir d'Zuele vun der Etude vu Fondation Cancer confirméieren?

– Wéi gesäit d'Entwécklung an den eenzelen Alterskategorien aus?

2. Wat wëllt d'Regierung géint dës Entwécklung maachen?

3. Envisagéiert d'Regierung en Eropsetze vun den Tabakspräisser, esou wéi dat och an anere Länner zum Deel gemaach gëtt?

4. Envisagéiert d'Regierung eng Verschäerfung vum Antitabaksgesetz?

5. Wéini trëtt den neie „Plan national de lutte contre le tabagisme“ a Kraaft?

6. Wéi vill kascht zu Lëtzebuerg all Joer d'Entsuergung vun den Zigarettestëmp?

**Réponse** (18/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement | **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

ad 1. Follgend Etudë renseigneieren zu Lëtzebuerg iwwert déi national Tabaksprävalenz:

1) D'Etude HBSC (Health Behaviour in School-aged Children), déi vun der Weltgesundheitsorganisatioun ënnerstëtzt gëtt, analyséiert d'Gesondheetsverhalen vun engem Echantillon vu 7.000 Kanner a Schüler zu Lëtzebuerg. Lëtzebuerg hält zënter 2006 un dëser Etude deel, déi all véier Joer stattfënnt. D'Fro vum Questionnaire si streng harmoniséiert tëschent all de Länner, déi un der Etude deel huelen an d'Konditiounen vun der Etude sinn déi selwecht fir all Land, esou dass d'Resultater tëschent all de Länner verglach kënnen ginn.<sup>3</sup>

Unhand vun der Etude HBSC (Tab. 1) gesäit een, dass d'Prozentzuel vun all de Jonken, déi nach ni gefëmmt

<sup>3</sup> HBSC\_Endbericht\_2018\_Web.pdf (uni.lu)

hunn, zanter 2010 ëmmer méi an d'Luucht geet. 2018 haten 78 % vun de Jonken nach ni gefëmmt. D'Zuele fir 2022 sinn nach net disponibel.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Am Tableau heidrënner gëtt d'Liewensprävalenz vum Fëmmen no Alter a Geschlecht zu Lëtzebuerg am Joer 2018 duergestallt. D'Liefzäitprävalenz vum Fëmmen no Alter a Geschlecht gëtt Opschloss doriwwer, wéini d'Jongen an d'Meedercher mat Fëmmen ufänken. Dës Informatioun kann hëllefriich si fir festzeleeën, vu wat fir engem Alter un d'Präventionsaarbecht fir déi Jonk entaméiert soll ginn. Fir d'éischt sief emol gesot, dass d'Entwécklung vun deenen zwee Geschlechter ganz änlech verleeft. Esouwuel bei de Jonge wéi och bei de Meedercher ass den Undeel vun deenen, déi scho mat 11 respektiv 12 Joer gefëmmt hunn, ganz geréng. Vun 12 bis 13 Joer respektiv vun 13 bis 14 Joer verduebele sech d'Zuelen awer, soudass ronn 20 % vun de 14-Järeges scho gefëmmt hunn. Am Alter vu 14 bis 16 Joer klammen d'Zuelen ëm ongeféier 5 % pro Joer, fir dann tëschent 16 a 17 Joer daitlech méi staark ze klammen. Kuerzgefaasst kann een a Prozenter ausgedréckt soen, dass déi gréissten Hausse bei den 13- a 14-Järegen an de 16- a 17-Järegen ass.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Den Tableau heidrënner weist, dass am Verglach mat anere Länner Lëtzebuerg ënnert der Moyenne bleift, an dass d'Prävalenz sech säit 2014 bis 2018 ëmmer nees gebessert huet par rapport zu den Etüd vum de Jore virdrun (Exception 11 Joer [F] vun 2014 op 2018).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

D'Etude fir d'Joren ab 2019 gëtt aktuell duerchgefouert an d'Resultater sinn nach net disponibel, mee missten am Laf vum Joer 2023 erauskommen.

2) Étude annuelle TNS ILReS sur le tabagisme au Luxembourg vun der Fondation Cancer, op engem Echantillon vu +/- 3.000-3.200 Leit am Alter vu 16+<sup>4</sup>.

3) D'europäesch Etude EHIS (European Health Inquiry Survey)<sup>5</sup> analyséiert d'Fëmmgewunnechte vun der Populatioun ab 15 Joer. Lëtzebuerg huet 2014 an 2019 un dëser Etude deelgeholl; ab 2019 wäert dës Etude all sechs Joer duerchgefouert ginn.

Duerch d'Standardiséierung vun de Froen tëschent de Participanten erlaabt d'Etude EHIS, genausou wéi och d'Etude HBSC, ee Verglach vun de Resultater tëschent de Länner<sup>6</sup>.

Am Verglach mat der Etude vun der Fondation Cancer ginn et bei der Etude vun EHIS Divergenze fir d'Joer 2019, déi mir net erkläre kënnen, mee warscheinlech op eng ënnerschiddlech Methodologie zeréckzeféiere sinn.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Effektiv weisen déi zwou Etuden am Joer 2014 änlech Wäerter mat respektiv 14,6 % reegelméisseg Fëmmerte fir d'Etude EHIS a 15 % reegelméisseg Fëmmerte fir d'Etude Fondation Cancer. Am Joer

2019 gesäit een dann, dass d'Wäerter komplett divergéieren an an entgéintgesate Richtunge ginn, mat enger Baisse vun de reegelméisseg Fëmmerten op 11,4 % fir d'Etude EHIS an anerersäits eng Hausse op 17% fir d'Etude Fondation Cancer.

Laut der Etude vun der Fondation Cancer läit den héchsten Taux vu Fëmmerte mat 37 % bei de 25 bis 34-Järegen. Doriwwer eraus constatéiert d'Etude vun der Fondation Cancer eng Hausse an all den Alterskategorien<sup>7</sup>:

- 18-24-Järeges: Hausse vun 12 %
- 25-34-Järeges: Hausse vu 6 %
- 35-44-Järeges: Hausse vu 25 %
- 45-54-Järeges: Hausse vun 12 %
- 55-64-Järeges: Hausse vun 10 %

D'EHIS Donnéeën weisen, dass an de Joren 2014 an 2019 den Undeel vun de Fëmmerte jee no Alter variéiert huet an ab 65 Joer weesentlech erfrogt. Tëscht 2014 an 2019 konnt Lëtzebuerg an all Altersgrupp eng Tendenz no ënnen opweisen<sup>8</sup>.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Am Verglach mat den aneren EU-Länner variéiert den Undeel vun de Fëmmerte jee no Alter a geet ab 35 Joer erof, zu Lëtzebuerg an och an der EU<sup>9</sup>.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Eng nei Etude EHIS soll viraussichtlech nees 2025 zu Lëtzebuerg duerchgefouert ginn.

ad 2. De Plan national de santé, deen amgaangen ass ausgeschafft ze ginn, wäert am Kader vun der Präventioun och gezielte Aktiounen virgesinn, déi eng Reduktioun vum Undeel u Fëmmerte viséiert. Méi spezifesch Informatiounen dozou wäerten am Kader vun der Presentatioun vum Plan national de santé public gemaach ginn.

ad 3. D'Regierung huet zanter dem Akraafttriede vum Accisegesetz 2011 d'Besteuerung vum Tabak all Joer eropgesat. Esou ass d'Minimumbesteuerung bei den Accisen op den Zigarette vun 98 Euro pro 1.000 Zigarette fir d'Joer 2011 op 124 Euro pro 1.000 Zigarette fir d'Joer 2022 eropgaangen an d'Minimumbesteuerung bei den Accisen op dem Tabak vu 24,82 Euro pro Kilogramm fir d'Joer 2011 op 58,50 Euro pro Kilogramm fir d'Joer 2022 eropgaangen. Mat der Besteuerung sinn och d'Präisser vun den Zigaretten an dem Tabak all Joers an d'Luucht gaangen.

D'Regierung wäert weider reegelméisseg d'Besteuerung vun den Tabakswueren no uewen upassen

ad 4. Et ass aktuell keng Verschäerfung vum Antitabaksgesetz virgesinn, mee wéi heidriwwer spezifizéiert wäerte verschidde Preventiounsaktiounen am Kader vum Plan national santé festgehalen ginn. D'Regierung wäert awer besonnesch op d'Anhalen vun de Bestëmmunge vum Antitabaksgesetz pochen an Uweisung un d'Police an un d'Douane ginn, méi gezielt Kontrollen an dësem Beräich duerchzeféieren.

ad 5. Am Joer 2018 ass eng sougenannten „Évaluation à mi-parcours“ vum Plan national de lutte contre le tabagisme 2016–2020 (PNLT) duerchgefouert ginn. Dobäi koum eraus, dass zu deem Zäitpunkt 31 vun insgesamt 52 Aktiounen realiséiert waren.

Wéinst der Pandemie an der Mobilisatioun vun de Membere vum Comité de pilotage vum PNLT ëm de

Covid-19 goufen 2020 d'Aarbechte vum PNLT staark gebremst. D'Realisatioun vu sämtlechen Aktiounen huet leider missen zäitweis op Standby gesat ginn, mee huet säitdeem awer nees kënnen opgeholl ginn.

D'Redaktioun vum Bilan final ass amgaangen. D'Conclusiounen dozou wäerte gezu ginn an zur Reflexioun bäidroen, fir een eventuellen neie PNLT opstellen oder iwwer eng Perennisatioun vu sämtlechen Mesuren oder Aktiounen vum aktuelle Plang an engem Programme national de tabac nozedenken.

ad 6. Zu Lëtzebuerg ënnerleien d'Zigarettestëmp kenger obligatorescher separater Sammlung, se ginn also gréisstendeels zesumme mat aneren Offallfraktiounen vermëscht gesammelt. D'Stëmp kënnen zum Beispill am Reschtofall oder an öffentlechen Poubellen ufalen oder am Kader vun enger Stroossebotz gesammelt ginn. Duerch d'Vermëschtung mat anere Fraktiounen ass eng Ausso, wéi vill Käschte just fir d'Entsuerung vun de Stëmp eleng ufalen, nach net méiglech.

An Zukunft wäerten d'Zigaretteproduzenten enger sougenannter erweiterter Produzenteverantwortung (REP-Filière) ënnerleien. De Prinzip vun enger REP-Filière ass, dass d'Produzente vu gewësse Produiten och fir d'Preventioun an d'Offallgestioun vun hire Produite responsabel sinn. Fir där zukünftiger Verantwortung vun dëser REP-Filière gerecht ze ginn, mussen d'Zigaretteproduzenten ënner anerem fir d'Botzkäschte vun Zigarettestëmp ewéi och fir de spéideren Transport an d'Behandlung vun dësen Offall opkommen.

## Mesures de protection contre les inondations | Question 6368 (17/06/2022) de Mme Martine Hansen | M. Paul Galles | M. Aly Kaes (CSV)

D'Our ass ëmmer rëm vum Héichwaasser betraff, wat sech da bei den Uraier a Form vun Iwwerschwemmungen ausdréckt. Sou ware verschidde Plazen un der Our an de leschten dräi Joer bis zu véiermol iwwerschwemmt. Fir etwaeg Héichwaasserschutzmoossnamen en place ze setzen, gouf eng Etude gemaach. Bis ewell gouf awer nach keng Moossnam ëmgesat. Fir dem Héichwaasser an Zukunft besser gewappnet ze sinn, muss een dem Floss méi Fläch zougestoen, wou sech d'Waasser, zum Beispill bei Staarkreen, kann ausbreiden.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch stellen:

1. Wat sinn d'Resultater vun der Etude? Wat sinn d'Konsequenzen heivunneer?
2. Wéi wëllt d'Waasserwirtschaftsamt mat dësen neien Erkenntnisser ëmgoen?
3. Wéini soll et zu enger Entscheedung betreffend de Moossname kommen?
4. Firwat goufe bis dato nach keng Héichwaasserschutzmoossnamen un der Our ëmgesat?

**Réponse** (10/08/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Am Joer 2017 gouf eng Etüd un der Our gemaach, fir d'Héichwaassersituatioun vun der Uertschaft Eesbech ze verbesseren. Et ass esou, dass déi zwee Camping, déi hei un der Our leien, souwuel am Fall vun engem classeschen Héichwaasser vun der Our wéi och bei staarker Äisbildung un der Our duerch Iwwerschwemmung a Gefor sinn. Zemoos de leschte Fall stellt eng Besonneschkeet duer, well an deem Fall keng héich Offlöss an der Our néideg sinn.

An där Etüd sinn deemno lokal Moossnamen ënnersicht ginn, fir d'Wasserniveaun ze reduzéieren a

<sup>4</sup> Enquête Fondation Cancer 2014 : <https://sante.public.lu/fr/publications/t/tabagisme-luxembourg-2014/tabagisme-luxembourg-2014.pdf> Enquête Fondation Cancer 2019 : Enquête tabagisme 2019 : Le Luxembourg ne parvient pas à enrayer le tabagisme – ma vie sans tabac

<sup>5</sup> EUROPEAN HEALTH INTERVIEW SURVEY (EHIS) 2014-2019 : <https://sante.public.lu/fr/publications/e/ehis-tabac-alcool-consommation2019.html>

<sup>6</sup> <https://ec.europa.eu/eurostat/en/web/products-manuals-and-guidelines/-/ks-ra-13-018>

<sup>7</sup> <https://www.maviesantabac.lu/statistiques/#page/9>

<sup>8</sup> <https://sante.public.lu/fr/publications/e/ehis-tabac-alcool-consommation-2019.html>

<sup>9</sup> <https://sante.public.lu/fr/publications/e/ehis-obesite-nutrition-tabac-alcool-comparaison-2019.html>



gläichzäitig d'Fléissgeschwindigkeitgeeten ze erhéijen. Et handelt sech deemno em Moosnamen, déi direkt am Gewässer emgesat misste ginn.

D'Resultater vun de Berechnungen hunn erginn, dass, wann all méiglech Moosname geholl géife ginn, de Waasserstand am Fall vun engem Héichwaasser, wat an der Moyenne all zéng Joer optriiede kann (HQ10), net signifikant kann ofgesenkt ginn.

Bezüglech der Äisbau-Problematik läit d'Ursach virun allem bei engem Wier op Gewässerkilometer 27,5. Dëst bewierkt, dass Äis, wat sech bei nidderegen Temperaturen op der Our gebilt huet, hänke bleift an ee Stau provoziert, deen d'Waasser ophält. Déi beschte Léiung am Sënn vum Héichwaasserschutz a vun der Gewässerqualität (Duerchgängegkeet fir Fësch) wier et, dat Wier ewechzehuelen. Allerdéngs hunn Ënnersichungen erginn, dass de Millekanal, deen un dat besote Wier ugeschloss ass, ee Liewensraum fir d'Bachmuschelen, eng geschützten Aart no der Naturschutzgesetzgebung, ass. Wann een dat Wier ewechhuele géif, géif dese Millekanal ausdrénken.

ad 2. Als nächste Schrëtt soll déi concernéiert Gemeng d'Weiderféierung vun der uewe genannter Etüd beoptragen. Dëst wär dann eng detailléiert Etüd a ka vum Fonds pour la gestion de l'eau (FGE) subventionéiert ginn. Hei soll och gekuckt ginn, ob et méiglech ass, déi betreffend Gebaier mat engem Objektschutz auserüsten. Am Kader vun dësem Aarbechtsschritt soll och gekuckt ginn, wéi et em de Liewensraum vun der Bachmuschel steet.

ad 3. Wann déi Etüd ausgeschafft ass, da gëtt zesumme mat der Gemeng an allen anere betraffenen Acteuren eng Entscheidung iwwert déi beschtméiglech Moosnamen geholl.

ad 4. Bis elo si Moosnamen an hir Machbarkeet duerch Etüden identifizéiert an analyséiert ginn. Soubal dës Phas ofgeschloss ass, ginn eventuell Moosnamen zréckbehalen an emgesat.

## Disponibilité des lits d'hôpitaux | Question 6404 (27/06/2022) de M. Léon Gloden | M. Max Hengel (CSV)

Eisen Informatiounen no kuum et an de leschte Wochen an de Kliniken dacks zu laange Waardezäiten, bis e Bett fräi war fir Patienten, déi no enger Consultation an der Urgence hu misse stationär opgehoen ginn. Verschidde Patienten hu missen e puer Stonnen um Gank waarden, bis en Urgencebett fräi war. Op eenzele Fotoe gesäit een esouguer Patienten, déi um Buedem leien. An deem Kontext géife mir gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

1. Kënnt Dir dës Informatiounen bestätegen?
2. Wéi laang hunn d'Patienten zanter Januar am Duerchschnitt missen op en Urgencebett waarden?
3. Huet d'Reorganisation vun den Urgencen am CHL an an den HRS vum Juni 2021 Auswierkungen op d'Waardezäiten?
4. Wéi vill Urgencebetten stinn an den eenzele Kliniken am Land zur Verfügung a wéi héich ass den Taux vun der Auslastung?
5. Wéi huet sech d'Zuel vun de Better generell a méi speziell bei den Urgencebetten pro 1.000 Awunner an de leschten zéng Joer entwéckelt?

**Réponse** (19/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministère de la Santé

ad 1. De Gesondheetsministère huet keng spezifesch Informatioun iwwert déi beschriwwen Situatioun virleien. Op Nofro bei alle Centres hospitaliers konnt eis dës Informatioun och net bestätegt ginn.

ad 2. Bei der Opnam vum Patient an den Urgencë gëtt duerch den Infirmier d'accueil et d'orientation eng Evaluatioun vum Patient gemaach no fënnef Niveaux de priorité vun der Échelle canadienne de triage et de gravité. Ass den Tri an den Urgencë gemaach ginn, kann d'Waardezäit vu Patient zu Patient extreem ënnerschiddlech sinn. D'Patienten mat enger gréisserer Urgence ginn esou séier wéi méiglech behandelt. Et kënnt vir, jee no Niveau d'affluence, dass d'Waardezäit bei Patienten mat enger mander grousser Urgenceprioritéit méi laang ass.

Am Géigesaz zu de Patienten, bei deenen et sech just em eng Standardvisitt handelt, ass d'Openthaltszäit vun de Patienten, déi hospitaliséiert ginn, effektiv méi laang, well si sech reegelméisseg Tester mussen ënnerzëien, déi zur Decisioun vun enger Hospitalisation féieren, oder well si während e puer Stonnen iwwerwaacht musse gi fir erauszefannen, ob si méi laang mussen hospitaliséiert ginn. Wann néideg, läit de Patient dee Moment an engem Lit porte am Service Urgence fir ofzawaarden.

Verschidde Facteure spillen eng Roll bei der Waardezäit, fir ee Bett op enger Pflegeunitéit ze kréien:

- Den Triage op Basis vum kanadesche Modèle erlaabt et, fir d'Patienten ze identifizéieren, déi eng schnell Prise en charge benéidegen (Urgencegrad); d'Waardezäit ier en Noutfalldokter consultéiert gëtt, ka variéieren;
- Zousätzlech Ënnersichungen;
- Attente vun engem fräie Bett op der néideger Pflegeunitéit;
- Orientéierung vum Patient. Den Transfert vum Patient op en aneren interne Site ass méiglech, virausgesat, dass do Better disponibel sinn oder dass eng Kohärenz zum medezinnesche Fachgebeit besteet.

Et leien eis keng vergläichbar Informatiounen vir, fir een Duerchschnittsdelai unzeginn.

ad 3. Mat der Aféierung vun der Garde parallèle am Dag (Garde diurne) si vu béide Spideeler d'Personalressourcen an deem Kontext adaptéiert ginn.

Et gëtt eng Verbesserung tëscht de Waardezäiten vun der Opnam bis zum Triage souwéi eng Verbesserung vun de Waardezäiten vun der medezinnescher Prise en charge bei den Urgencegraden 2 an 3. D'Urgencegraden 1 ginn direkt betreit, esoubal dës Patienten an d'Spidol ageliwwert ginn.

D'Entlastung, déi sech duerch d'Aféiere vun der Garde diurne erwaart ginn ass, gouf duerch d'Steigerung vun der gesamter Aktivitéit an den Urgencen, déi zënter 2019 ze notéieren ass, erëm neutraliséiert.

Et gëtt eng bedeitend Steigerung vu Patienten, déi d'Urgenceservicer vun de Spideeler an de leschten zwee Joer opgesicht hunn. Aner Strukturen an der Primärbetreiung a virun allem d'Maisons médicales gi weider adaptéiert.

ad 4. Déi ugeschwaten Urgencebetter si sougenannte „Lits porte“, déi et am Kader vun de Services d'urgence vun de Spideeler erlaben, de Patient ze iwwerwaachen, en attendant dass eng Decisioun geholl gëtt, ob et zu enger Hospitalisation an enger Pflegestation kënnt oder de Patient erëm aus dem Spidol entlooss ka ginn.

D'Urgenceservicer am Spidol hunn am Kader vum Spidolsgesetz vum 8. März 2018 eng definéiert Unzuel vu Lits porte autoriséiert kritt:

- CHdN: 4 Urgencebetter,
- CHL: 5 Urgencebetter fir Erwuessener a 4 fir Kaner,
- CHEM: 6 Urgencebetter,
- HRS: 8 Urgencebetter.

ad 5. D'Urgencebetter sinn eréischt zënter dem Gesetz vum 8. März 2018 autoriséiert ginn a progressiv

duerno an den Urgenceservicer vun de Spideeler en place gesat ginn, deels duerch infrastrukturell Adaptatiounen vum Service. Fir déi generell Evolutioun vun de Better verweise mir op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5386 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.

## Contraventions pour non-conformité de véhicules en matière d'équipements techniques | Question 6407 (27/06/2022) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)

À la suite d'une action de grande envergure organisée par la Police grand-ducale ensemble avec des représentants des services de contrôle concernés dans la nuit du 17 juin 2022, quelque 90 contraventions pour non-conformité de véhicules en matière d'équipements techniques ont pu être constatées. Ceci sur un nombre total de 300 véhicules contrôlés, ce qui constitue un pourcentage très important.

1) J'aimerais dès lors savoir de Messieurs les Ministres des précisions sur la nature des non-conformités.

2) Quels étaient les véhicules contrôlés ?

3) Est-ce que des actions similaires sont prévues dans un proche avenir, ceci notamment dans les agglomérations ?

4) Est-ce que les forces de l'ordre disposent entre-temps des équipements nécessaires notamment pour détecter des véhicules excessivement bruyants ?

**Réponse** (19/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministère de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Henri Kox**, Ministère de la Sécurité intérieure

ad 1) Il s'agissait en premier lieu de non-conformités d'un point de vue des équipements techniques et des documents de bord.

ad 2) La grande majorité étaient des véhicules de la classe M1 (voitures à personnes).

ad 3) Afin qu'une telle opération porte ses fruits, il faut que plusieurs éléments concordent, entre autres l'heure, l'emplacement, le nombre de policiers disponibles, la disponibilité d'experts et d'interlocuteurs externes. Ce genre d'opération d'une certaine envergure ne peut se faire qu'à des emplacements bien définis. Par exemple, le parking « Kockelscheuer », qui est une aire assez populaire auprès des adeptes du « tuning », dispose d'accès et de sorties facilement maîtrisables, ce qui représente un grand atout pour ce genre de contrôle.

Le mesurage du niveau sonore d'un véhicule et la connaissance des valeurs légales pour les différents véhicules selon des critères spécifiques (par exemple l'année de construction, le modèle, la catégorie, etc.) nécessitent des connaissances spécifiques approfondies. C'est la raison pour laquelle la Police grand-ducale a eu, pour le contrôle en question, recours à des spécialistes du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics, de la Société nationale de circulation automobile et du TÜV Rheinland.

ad 4) La Police grand-ducale ne dispose pas des équipements nécessaires pour détecter des véhicules excessivement bruyants. Comme déjà précisé dans la réponse à la question parlementaire n° 5805, le mesurage du bruit est complexe et un contrôle dynamique tel que prévu par la loi n'est pas possible sur la voie publique. En ce qui concerne le contrôle stationnaire, celui-ci doit respecter tout un ensemble d'exigences techniques qui doivent être réunies (régime défini du moteur, l'emplacement du contrôle doit être exempt d'obstacles, bruit ambiant, etc.).

S'y ajoute le fait que le recours à un tel dispositif ne permet pas de contrôler l'ensemble des véhicules circulant sur les voies publiques. C'était d'ailleurs un des constats du contrôle, étant donné qu'en fonction du pays d'immatriculation et en fonction de l'âge du véhicule, les valeurs de référence ne sont guère jacentes afin de réaliser un contrôle adéquat.

Cependant, la Police grand-ducale est bien consciente du problème et c'est la raison pour laquelle elle a cherché l'appui d'experts techniques en la matière afin d'examiner l'opportunité, mais surtout la fiabilité de mesurages du bruit sur le terrain. Le contrôle dont il est fait référence par l'honorable Député s'est d'ailleurs inscrit dans un processus de réflexion interne dans le but d'offrir une formation adéquate à un nombre défini de policiers afin de combattre le fléau du tuning illégal et de manière générale de détecter la non-conformité de certains véhicules.

Finalement, ce contrôle a permis à la police de mieux identifier les problèmes et les solutions y relatives et l'acquisition d'appareils techniques spécifiques sera analysée dans le futur.

#### Phosphore dans les stations d'épuration | Question 6408 (27/06/2022) de M. Gusty Graas (DP)

Eng rezent Etüd vum IZES (Institut für ZukunftsEnergie- und Stoffstromsysteme), déi vum saarlänneschen Ëmweltministerium an Opdrag gi war, huet de Phosphorgehalt an de Flëss Theel an Ill analyséiert. Si kommen zur Konklusioun, datt net d'Landwirtschaft, mee éischter d'Kläranlage fir d'Phosphorbelaaschtung vun de Gewässer responsabel sinn. D'Etüd seet och, datt déi eenzeg Léisung, fir datt d'Ortho-Phosphat-Konzentratioun vun den analyséierte Flëss derzou bäidroen kann, fir d'Ziler vun der „Wasserrahmenrichtlinie (WRRL)“ ze erreechen, an enger technescher Optimisatioun vun der Phosphoreliminatioun an de Kläranlage läit.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung follgend Froe stellen:

1. Ass dës Etüd vum IZES der Madamm Ministesch bekannt?
2. Wann dat de Fall ass, kënnen d'Konklusiounen vun dëser Etüd och op Lëtzebuerg iwwerdroen ginn?
3. Kann d'Ministesch bestätegen, datt och zu Lëtzebuerg d'Landwirtschaft net als Haaptverursaacher vun der Phosphorbelaaschtung ugesi ka ginn?
4. Wéi héich ass d'Ortho-Phosphat-Konzentratioun an eise Gewässer?
5. Wéi sinn d'Kläranlagen zu Lëtzebuerg insgesamt technesch ekipéiert, fir de Phosphorgehalt an Waasser ze reduzéieren?
6. Wat sinn d'Grenzwärter, déi d'Kläranlage respektéiere mussen? Ass virgesinn, dës unzepassen?
7. Weess d'Madamm Ministesch, wéi vill Gemenge respektiv Gemengesyndikater plangen, fir d'Phosphoreliminatioun vun hire Kläranlagen ze verbessern?

**Réponse** (10/08/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Jo.

ad 2. Allgemeng betruecht treffen d'Konklusiounen vun där Etüd wuel zou an decken sech och mat de Beobachtungen vun der Waasserverwaltung (AGE) am Zusammenhang mat der Waasserqualitét. Si ginn och vu regionalen Etüden zu Lëtzebuerg an enger rezenten nationaler Viretüd confirméiert; se awer op all eis Gewässer an Anzuchsgebiddere wëllen ze iwwerdroen, wier falsch.

Déi generell Gegebenheeten zu Lëtzebuerg sinn och net iwwerall mat deenen an den zwee Anzuchsgebiddere vun Theel an Ill vergläichbar. Ee weidert Argument, fir virsiichteg ze si mat enger Iwwerdroung op Lëtzebuerg, ass de Fakt, datt d'Auteure vun där Etüd selwer soen, datt hinne verschidden Donnéeën gefeelt hunn, déi prinzipiell net vernoléissegte dierfe ginn. Dat gëllt zum Beispill fir Einträge iwwert d'Grundwaasser, Tëschenabfluss, Drainagen – alles Quellen, déi op eng méiglech landwirtschaftlech Pressioun kënnen zeréckgefuert ginn – an och Reewaasserkanäl, Klengkläranlagen asw.

ad 3. Wéi an der Äntwert op déi 2. Fro beschriwwen, ass, wat de Phosphor ubelaangt a landeswäit gesinn, den Ofwaasserberäich als Haaptursaach unzegesinn. Mee wéi gesot, datt gëllt net fir all eis Gewässer an hir Anzuchsgebiddere. An net iwwerall gelaangt Ofwaasser an ee Gewässer.

Et dierf een awer och net de Phosphorwäert u sech aleng betruechten, wéi och d'Auteure vun der Etüd schreiwen. Och wann de Phosphororientierungswäert fir ee gudden Zoustand oder ganz gudden Zoustand agehale gëtt, kann den Eintrag duerch Waassererosioun oder Iwwerflächenoffloss an ee Gewässer, besonnesch ee stoend Gewässer, ee Problem duerstellen. De Buedem- a Sedimenteintrag iwwer Erosioun an Iwwerflächenoffloss kann de Gewässer, och de Flëssgewässer Schued maachen. Duerfir si Gewässerrandsträifen immens wichteg, fir eis Gewässer ze schützen. Och eng Phosphordüngung muss dem Bedarf vun de Planzen ausgeriicht sinn an net doriwwer erausgoen. Et gëllt deemno och um landwirtschaftleche Plang, déi néideg Moossnamen ëmzesetzen.

ad 4. Zu Lëtzebuerg sinn der leschter Bestandsopnam am Kader vum Plan de gestion fir d'Joren 2021–2027 no d'Ortho-Phosphat-Konzentratiounen an 43 vun den 106 Uewerflächegewässerkierper ënnert dem Grenzwäert vun 0,07 mg/L. Bei 58 ass den Ortho-Phosphat-Grenzwäert iwwerschraut an entsprécht deemno net dem gudden ökologeschen Zoustand. Ënner anerem op dësse Waasserkierper si Moossnamen néideg an och geplangt. Et tief awer och bemierkt, dass nëmmen ee Waasserkierper aleng duerch den Ortho-Phosphat de gudden Zoustand net erreecht (wat physiko-chemesch Parameter ugeet). Bei deenen aneren ass ëmmer op d'mannst een anere Parameter och iwwerschraut. Deemno sinn do och aner Moossnamen ze huele wéi just d'Phosphorreduktioun, fir de gudden Zoustand ze erreechen.

Fir méi Zuelen iwwert den Zoustand vun de Joren 2015–2021 gëtt op de Bewirtschaftungsplang verwisen, deen a senger finaler Versioun den 22. Juli 2022 vum Regierungsrat ugeholl gouf a säitdeem op [www.waasser.lu](http://www.waasser.lu) publizéiert ass:

[https://eau.gouvernement.lu/fr/administration/directives/Directive-cadre-sur-leau/3e-cycle-\(2021-2027\)/elaboration-du-3e-plan-de-gestion-document-final.html](https://eau.gouvernement.lu/fr/administration/directives/Directive-cadre-sur-leau/3e-cycle-(2021-2027)/elaboration-du-3e-plan-de-gestion-document-final.html).

ad 5. Kläranlage kënnen souwuel onspezifesch (also „spontan“ iwwer biologesch Prozesser) Phosphor aus dem Waasser huelen, oder méi effizient iwwer technesch Verfares wéi déi chemesch Phosphorfällung. Deemno kann och op Anlagen ouni technesch Verfares Phosphor zu engem Deel eliminéiert ginn, awer d'Effizienz ass limitéiert an erreecht net déi streng Wäerter, déi haut am Ofwaasserberäich virgeschriwwen ginn.

Et kann een allerdéngs soen, datt zu Lëtzebuerg elo schonn de Phosphor bei deem gréissten Deel vum Ofwaasser geziilt eliminéiert gëtt. Vun den 121 biologesche Kläranlagen, déi een Total vu ronn 1.100.000 „équivalents habitants“ ausmaachen, gëtt op deenen 41 gréisste Kläranlage fir en Total vu ronn 1.000.000

„équivalents habitants“ Phosphor geziilt technesch eliminéiert, wat ëm déi 90 % vun den „équivalents habitants“ zu Lëtzebuerg bedeit. Fir déi 80 aner gréisstendeels kleng biologesch Anlage mat engem Total ëm déi 100.000 „équivalents habitants“ ass de Moment nach keng geziilt technesch Eliminatioun a Betrib. Dës Wäert sech awer änneren, well am Moosnameprogramm vum Bewirtschaftungsplang ass virgesinn, all biologesch Kläranlage, déi net muss vergréisstert ginn, trotzdem mat enger technescher Phosphorfällung auszerüsten.

Nieft de biologesche Kläranlagen ziele mir aktuell zu Lëtzebuerg fir 2021 nach 63 mechanesch Kläranlage mat engem Cumul vun bal 10.000 „équivalents habitants“. Dës Anlagen hu keen techneschen Traitement, fir Phosphor geziilt aus dem Waasser erauszehuelen. D'mechanesch Kläranlage ginn allerdéngs duerch biologesch Kläranlagen ersat an all nei Kläranlage kritt, onofhängeg vun hirer Gréisst, eng Phosphorfällung virgeschriwwen.

ad 6. Fir déi meescht eeler bestoend Kläranlage mat Phosphorfällung gëllt ee Grenzwäert vun 2 mg/L oder méi rar 1 mg/L Gesamtphosphor am Auslaf, konform zum Règlement grand-ducal modifié du 13 mai 1994 relativ au traitement des eaux urbaines résiduaires.

Säit ongeféier zéng Joer kréien all nei Kläranlagen, onofhängeg vun hirer Gréisst, eng Phosphorfällung virgeschriwwen. Ofhängeg vun der Gréisst vun der Baach, an déi se aleeden, leien dës Grenzwärter tëschent 2 an 0,5 mg/L. Bedéngt duerch d'Sensibilitéit vun de Baache leien déi meeschte Grenzwärter ënner 1 mg/L.

ad 7. Wéi an der Fro 6 präziséiert, kréien all nei Kläranlagen eng Phosphorfällung virgeschriwwen, an dës onofhängeg vun hirer Gréisst, wouduerch Lëtzebuerg méi streng Oflafwäerter virschreift, wéi déi kommunal Ofwaasserdirektiv (Direktiv 91/271/CEE) et virgesäit. Dës resultéiert aus der kombinierter Approche (Emissioun/Immissioun) vum Artikel 10 vun der Direktiv 2000/60/CE (Wasserrahmenrichtlinie, Kaderdirektiv iwwert d'Waasser), dee virschreift, Oflafwäerter esou ze fixéieren, datt de gudden Zoustand vun de Waasserkierper kann erreecht ginn.

Am Moosnameprogramm vum Bewirtschaftungsplang ass och virgesinn, all biologesch Kläranlage, déi net muss vergréisstert ginn, trotzdem mat enger technescher Phosphorfällung auszerüsten. Dës sinn der 18 mat engem Total vu ronn 20.000 „équivalents habitants“. All aner Kläranlagen (souwuel mechanesch wéi biologesch) gi wéinst dem Wuesstem vun der Populatioun nei gebaut bzw. vergréisstert an deemno egal wéi mat enger technescher Phosphorfällung equipéiert.

#### Accès universel aux moyens de contraception | Question 6410 (28/06/2022) de M. Mars Di Bartolomeo | Mme Cécile Hemmen (LSAP)

Dans son programme pour les années 2018 à 2023, le Gouvernement a annoncé que « l'accès universel aux moyens de contraception ainsi que leur remboursement sur ordonnance médicale seraient introduits sans limite d'âge ou de méthodes, en incluant également le remboursement de la contraception d'urgence, à condition qu'elles soient sûres et fiables ».

En date du 29 janvier 2020, le conseil d'administration de la Caisse nationale de santé a approuvé le projet de convention élaboré ensemble avec la Ministre de la Santé concernant ce nouveau programme en matière de contraception.

Ce programme doit permettre la prise en charge à 100 % sans limite d'âge – des médicaments contraceptifs indépendamment de leur forme pharmaceutique ou de leur voie



d'administration ainsi que la contraception d'urgence hormonale ;

- des dispositifs intra-utérins (stérilets) ;
- des diaphragmes (spermicides en association) ;
- des capes cervicales (spermicides en association) ;
- des préservatifs masculins ;
- des préservatifs féminins.

Dans leur réponse à une question parlementaire des soussignés, le Gouvernement avait annoncé : « Les échanges concernant la partie nomenclature devraient aboutir en une proposition en automne 2021. Cette proposition devra être approuvée en Commission de nomenclature pour que le règlement grand-ducal puisse être modifié selon les procédures habituelles. Pour les modalités pratiques d'application concernant les médicaments et dispositifs, ce point devra être clarifié avec la CNS. »

– Nous aimerions savoir dès lors si entre-temps le dossier a pu être finalisé et dans la négative, quelles en sont les raisons.

– Endéans quels délais les améliorations en matière de remboursement des moyens de contraception pourront-elles être mises en vigueur ?

**Réponse (17/08/2022) de M. Claude Haagen,** Ministre de la Sécurité sociale | **Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

La convention ayant pour finalité d'étendre la prise en charge par l'État et la CNS des moyens de contraception au-delà du champ d'application de la convention actuellement en vigueur a été approuvée au mois de janvier 2020 et il était prévu de saisir la Commission de nomenclature en automne 2021 pour y intégrer les actes relatifs à la pose notamment du dispositif intra-utérin (pose, retrait, contrôle échographique).

Malheureusement, la pandémie a retardé un certain nombre de dossiers, de sorte que les travaux dans ce dossier n'ont pas avancé selon le calendrier initialement prévu.

Entre-temps les travaux ont repris et le dossier sera finalisé en automne 2022 pour une entrée en vigueur début 2023.

Les acteurs concernés (à savoir les ministères de la Santé et de la Sécurité sociale, la Direction de la santé et la CNS) sont en train de préparer les saisines afférentes de la Commission de nomenclature pour y inclure notamment les actes relevant de la pose des dispositifs intra-utérins. Dans ce cadre des entrevues devront encore avoir lieu avec les représentants du corps médical, notamment de la Société luxembourgeoise de gynécologie et d'obstétrique pour convenir des tarifs à appliquer. En effet, alors que la convention actuellement en vigueur prévoit déjà une contribution financière à l'acquisition du dispositif intra-utérin, la pose et le retrait du dispositif ne sont pas pris en charge. Afin de faciliter l'accès à ce moyen de contraception, il est prévu de prendre en charge également les frais en relation avec la pose. Jusqu'à l'heure actuelle les tarifs en question étaient le cas échéant librement fixés par les médecins en question. Or, en cas d'intégration de ces actes dans la nomenclature, les principes qui figurent dans le Code de la sécurité sociale et relatifs à la fixation des tarifs (durée, compétence technique et effort intellectuel requis) devront être appliqués.

Il a également été décidé d'étendre le champ d'application de la convention à la stérilisation féminine et à la vasectomie, ce qui permettra de prendre en charge ces actes en dehors d'une pure indication médicale.

Cette extension aura comme conséquence que toute personne concernée pourra choisir, après concertation

avec son médecin traitant, le moyen de contraception qui convient le mieux.

Aussi des discussions sont en cours afin d'élargir les circuits de distribution gratuite des préservatifs.

**Épisodes de grande chaleur et plan national canicule | Question 6443 (04/07/2022) de M. Marc Hansen** (déi gréng)

Selon le document « Stratégie et plan d'action pour l'adaptation aux effets du changement climatique au Luxembourg », le stress thermique plus fréquent provoqué par le changement climatique affecte la santé humaine. Ce stress touche principalement les personnes âgées, les enfants en bas âge et les malades chroniques vivant dans les agglomérations urbaines, où le nombre de nuits tropicales, dont l'effet négatif sur l'organisme agit également de nuit, augmente également.

Une étude berlinoise montre p.ex. qu'il existe une relation étroite entre le nombre de nuits tropicales et une hausse de la mortalité. Des nuits légèrement plus chaudes suffisent déjà à faire augmenter la mortalité de manière statistiquement significative (Fenner et al., 2015).

Le 15 mai 2022, le Ministère de la Santé a rappelé à la population les bons gestes à respecter en cas de forte chaleur ainsi que la possibilité pour les personnes âgées de 75 ans ou plus, à autonomie limitée, peu entourées et sans aide de la part de l'assurance-dépendance, de s'inscrire ou de se faire inscrire pour bénéficiaire de visites de surveillance et d'aide à l'hydratation en cas de forte chaleur.

Étant donné que la multiplication des épisodes de forte chaleur risque de poser un défi à long terme pour la santé publique, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre :

1) Combien de personnes se sont enregistrées dans le cadre du plan canicule pour profiter des visites de surveillance depuis sa mise en place ? Les personnes à risques sont-elles informées de manière ciblée pour qu'elles s'inscrivent ? Dans quelle mesure les communes sont-elles impliquées dans le plan canicule pour informer les personnes à risque ?

2) Quel est le niveau de sollicitation du numéro d'appel mis en place au sein de la Direction de la santé ?

3) Est-ce que les expériences des vagues de forte chaleur des années écoulées ont amené le ministère à adapter le plan canicule ou à l'adapter pour le futur ?

4) Les statistiques relatives aux causes de décès ne recensent que très peu de cas de décès attribués à une forte chaleur naturelle. Le ministère dispose-t-il d'informations complémentaires à ce sujet ? D'autres données, telles les hospitalisations, appels au 112 ou interventions du SAMU, voire une augmentation de la mortalité durant les épisodes de chaleur permettent-elles de dessiner un tableau plus détaillé de la problématique ?

5) Les statistiques relatives au décès ne devraient-elles pas, le cas échéant, être adaptées afin de mieux refléter le défi que posent les épisodes de grande chaleur ?

**Réponse (17/08/2022) de Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

ad 1) Le plan canicule a été mis en place en 2003. Depuis l'année 2006, 4.834 personnes au total ont été enregistrées pour profiter des visites de surveillance. Les personnes qui remplissent les critères d'éligibilité sont informées par courrier par la Direction de la santé. Les réseaux d'aide et de soins peuvent aussi déclarer des

personnes qu'ils jugent être à risque en cas de période caniculaire. La plupart des communes informent la population via leurs bulletins officiels (type « Gemengebuet ») de la possibilité d'inscription des personnes à risque et sensibilisent les habitants de venir en aide aux personnes qui en auraient besoin. Par ailleurs, les communes peuvent aider leurs résidents à s'inscrire en cas de besoin. Du matériel d'information est mis à disposition des communes (ex: affiches et dépliants).

ad 2) Le niveau de sollicitation du numéro d'appel mis en place au sein de la Direction de la santé est relativement faible, avec en moyenne une douzaine d'appels par semaine.

ad 3) Une analyse de l'année écoulée du plan canicule se fait annuellement en concertation entre la Direction de la santé, la COPAS et la Croix-Rouge luxembourgeoise. Ce plan est régulièrement adapté.

Dans un futur proche, plusieurs changements sont prévus, à savoir :

- la digitalisation de la surveillance des indicateurs (météo, critères liés à l'environnement, visites de personnes aux urgences des hôpitaux et maisons médicales etc.) ;
- le soutien des offices sociaux des communes pour identifier les personnes inscrites sur les listes et assurer ainsi un meilleur suivi ;
- l'élaboration du nouveau matériel informatique et distribution au grand public ;
- l'élaboration d'autres mesures, si nécessaire, en fonction de chaque situation individuelle.

ad 4) et 5) L'inspection sanitaire de la Direction de la santé a mis en place une veille sanitaire, pour laquelle des données du service météorologique de l'aéroport (température maximale et température moyenne), des indicateurs environnementaux (taux d'ozone, taux de PM10) ainsi que des indicateurs positifs (consultations dans les hôpitaux pour des pathologies en relation avec une épisode chaude) sont recensés. Il est prévu à l'avenir que des données du CSU112 ainsi que des maisons médicales y soient incluses.

Tel qu'indiqué dans la réponse à la question parlementaire n° 4421 du 7 juin 2021 des honorables Députés Carole Hartmann et André Bauler, la classification internationale des maladies, établie par l'Organisation mondiale de la santé, permettant de codifier les informations transmises dans le registre des causes des décès, n'est pas une source suffisamment discriminante pour identifier de manière univoque et exhaustive les décès dus à la chaleur :

- Code ICD10 – X30 – Exposition à une chaleur naturelle excessive,
- Code ICD10 – T67 – Coup de chaleur et insolation.

L'analyse de ces statistiques relatives aux décès a été adaptée en 2021 afin de mieux prendre en compte les périodes de chaleur excessive ou de grand froid.

Précédemment, la surmortalité pour une cause de décès était mesurée de la manière suivante : Pour l'année 2020 par exemple, pour savoir s'il y a une surmortalité, on considère le nombre de décès observés en 2020 que l'on compare à la moyenne du nombre de décès observés durant les cinq années précédentes (2015, 2016, 2017, 2018 et 2019).

Cette méthode statistique plutôt simple permettait une bonne évaluation mais manquait de finesse.

Une autre façon de calculer la surmortalité est celle d'EuroMomo (voir graphiques ci-dessous). Cependant, si cette méthode est utile pour mesurer les variations de mortalité, elle ne permet pas d'identifier spécifiquement la menace de santé publique causant un épisode

PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L - 3208 BETTEMBOURG

de surmortalité: épidémie, vague de chaleur ou de froid, etc.

Pour les données de 2020, on peut voir un comparatif des données de mortalité pour différents pays. En Belgique, un pic proéminent apparaît entre les deux vagues de surmortalité Covid-19 en début et en fin d'année 2020. Ce pic apparaît de manière plus modeste en France, Allemagne et aux Pays-Bas mais pas du tout au Luxembourg.

(Graphiques à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Un focus sur les données belges permet d'identifier la mortalité due au Covid-19 par rapport aux autres causes de décès (toutes causes). Le pic bleu qui apparaît au mois d'août 2020 a été identifié par Sciensano comme étant dû à la canicule.

**Épidémie de bronchiolite** | Question urgente **7378** (14/12/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Lëtzebuerg leit ënnert enger Epidemie vu Bronchiolitefäll. D'Better an der Kannerklinik si mengen Informatiounen no momentan alleguer beluecht an d'Kapazitéiten an der Pédiatrie si méi ewéi ausgelascht. Gëschter kruten Eltere vun engem Kand am CHL matgedeelt, datt hiert Kand elo dat lescht Bett (am HRS) géif kréien an dofir mat der Ambulanz verluucht géif ginn. Ech war op dës Situatioun schonn an der Fro vum 22. November (N° 7214) agaangen. De Chamberspresident huet d'Urgence vun der Fro net unerkannt.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch fir Gesondheet dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch confirméieren, datt d'Kapazitéite vun de Pédiatriebetter am Land ganz ausgelascht sinn?

2. Wat gëtt gemaach, fir datt kee Kand ofgewise muss ginn?

**Réponse** (15/12/2022) de **Mme Paulette Lenert**,  
Ministre de la Santé

Wéi an der Äntwert op déi parlamentaresch Froen N° 7214, N° 7102 respektiv N° 7153 ënnerstrach, ass d'Situatioun ronderëm d'Bronchiolite-Epidemie generell ugespaant. D'Situatioun vun de Bronchioliten ass op héijem Niveau souwäit stabill, allerdéngs kommen an der Tëschenzäit nach weider respiratoresch Infektiounskrankheeten dobäi (Streptokokk A, Adenovirus, Covid, Influenza). Et ass ze notéieren, dass den Zoulaf an de Services d'urgences vun der Kannerklinik an och den anere Spideeler aktuell ganz héich ass.

D'Direktioun vum CHL huet eng spezifesch Cellule de crise op d'Bee gestallt, fir méi ee präzise Suivi vun der Evolutioun vu Bronchiolitefäll kënnen ze maachen. D'Kapazitéiten u Better sinn an de bestoenden Unitéiten duerch duebel Beleeung eropgesat ginn. Fir prioritär Bronchiolitefäll kënnen ze traitéieren, huet de CHL decidéiert, fir während enger gewësser Zäitspan geplangte chirurgesch Interventiounen ze annulléieren, wann dëst kee Risiko fir d'Kanner duerstellt. Esou kann d'Personal am Hôpital du jour d'Equipper ënnerstëtzen, de Suivi vu Patienten ze maachen, déi um Respiratory Syncytial Virus Infektion (RSV) erkrankt sinn.

Et sief notéiert, dass aacht zousätzlech stationär Better an der Kannerklinik geneemegt a realiséiert goufen, fir esou iwwert eng zousätzlech Kapazitéit während enger akuter Phas ze verfügen.

Zesumme mat dem CHEM an dem HRS huet de CHL ee „plan de montée en charge“ opgestallt an et gëtt all Dag de Point tëschent de Responsabele gemaach. Dëst erlaabt ëmmer eng Prise en charge kënnen ze assuréieren.

D'stationär Prise en charge vun de Kanner mat Bronchioliten an RSV ass relativ kuerz, ausser bei méi komplizéierte Fäll, soudass d'Situatioun séier evoluéiert. Zu dësem Zäitpunkt sinn d'Kapazitéite mat den amenagéierte Better ausräichend.

**Troubles au Pérou** | Question urgente **7394** (19/12/2022) de **M. Laurent Mosar** (CSV)

Am Peru kouw et no der Ofsetzung vum Präsident Pedro Castillo zu deels schwéieren Onrouen. Och touristesch Attraktiounen wéi beispillsweis Machu Picchu an d'Stad Cusco sinn net vun de Protester verschount bliwwen. Eisen Informatiounen no sinn och Lëtzebuurger, respektiv Residente vun den Onrouen betraff a kënnen d'Regioun net verlossen. An deem Kontext wollt ech folgend Drénglechkeetsfro un den Här Ausseminister stellen:

1. Wéi vill Lëtzebuurger respektiv Residente si vun den Onrouen am Peru betraff a kënnen d'Land dofir net verlossen?

2. Wat mécht den Ausseministère, fir fir hir Sécherheet ze suergen?

3. Konnten all d'Lëtzebuurger respektiv Residenten, déi sech am Peru ophalen, mëttlerweil kontaktéiert ginn?

4. Wat mécht den Ausseministère, fir déi betraffe Leit nees op Lëtzebuerg ze bréngen?

**Réponse** (20/12/2022) de **M. Jean Asselborn**,  
Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. Den Aussen- an Europaministère weess vu sechs Lëtzebuurger Bescheed, déi aktuell am Peru sinn oder am Peru wunnen.

ad 2. Mir si mat hinnen a Kontakt a ginn hinne Rotschléi, sou wéi déi aner EU-Länner dat och mat hire Matbierger maachen.

ad 3. D'Assistance consulaire am Aussen- an Europaministère ass mat all de Lëtzebuurger a Kontakt, vun deene mir wëssen, dass si op der Plaz sinn.

ad 4. Momentan bleiwe mir mat de Leit a Kontakt, ginn hinne Rotschléi an mussen ofwaarden, wéi d'Situatioun am Peru evoluéiert.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfëlle beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ  
PS/799



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-04

Nouvelles lois

p. 05

Séances publiques

p. 06-85

Questions au Gouvernement

p. 86-99

2021-2022

# N°19

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-04

Nouvelles lois ..... p. 05

Séances ..... p. 06-85

55<sup>e</sup> séance du jeudi 2 juin 2022 ..... p. 06-21

56<sup>e</sup> séance du mardi 7 juin 2022 ..... p. 21-45

57<sup>e</sup> séance du mercredi 8 juin 2022 ..... p. 46-85

Questions au Gouvernement ..... p. 86-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

17/01/2023

#### Concept et layout :

brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





## Réception de Nouvel An

# « La Chambre est plus forte, plus ouverte et plus transparente »

Pour la première fois depuis le début de la crise sanitaire, la réception de Nouvel An à la Chambre des Députés s'est tenue en présentiel le 9 janvier 2023 à l'Hôtel de la Chambre. Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, le Secrétaire général, M. Laurent Scheeck, et les membres du Bureau et de la Conférence des Présidents ont exprimé leurs vœux au Ministre aux Relations avec le Parlement, M. Marc Hansen, aux représentants du Conseil d'État et du Service central de législation (SCL), MM. Christophe Schiltz et John Dann, à la presse ainsi qu'aux collaborateurs de groupes et sensibilités politiques et de l'Administration parlementaire.

« La Chambre des Députés est aujourd'hui une institution plus forte, plus ouverte et plus transparente que jamais », a affirmé d'emblée le Président de la Chambre des Députés. Ce constat s'appuie sur le fait que la Chambre a agi comme centre de la démocratie pendant la pandémie et qu'elle a démontré sa résilience en temps de crise. Elle peut compter sur le soutien de partenaires forts tels que les différents organes rattachés au Parlement, à savoir l'Ombudsman, l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher (OKaJu), le Centre pour l'égalité de traitement (CET) ou encore la Cour des comptes, dont les représentants étaient également conviés à la réception de Nouvel An.

« Un Parlement fort est d'autant plus important aujourd'hui face aux tendances autoritaires, alarmistes ou intimidantes qui recevront une fin de non-recevoir. Nous allons lever nos voix pour défendre nos valeurs pluralistes. La démocratie ne doit pas être sur la défensive », a souligné M. Etgen lors de son allocution. Le Président de la Chambre des Députés a constaté que l'institution était « prête à relever les défis à venir », bien que le Parlement puisse se retrouver dans une nouvelle composition suite aux élections du mois d'octobre 2023.

La Chambre des Députés s'appuie sur une Administration parlementaire en constante évolution qui compte désormais 150 membres. Quelque 70 projets sont actuellement en cours, surtout dans le domaine de la digitalisation.

Le Président de la Chambre a également souligné les efforts réalisés dans le but de rendre le travail parlementaire plus transparent. Au-delà de la mise en



*Le Président de la Chambre des Députés a dressé un bilan sur l'année précédente et donné un aperçu des événements majeurs prévus en 2023.*

place du registre de transparence et d'une version réformée des déclarations d'intérêts financiers (consultables sur [chd.lu](http://chd.lu)), un nouveau site Internet a vu le jour et des centaines de milliers de données sont désormais accessibles au grand public au format « open data ». La Chambre des Députés ouvrira par ailleurs ses portes au public au printemps 2023 dans le cadre de la « Journée portes ouvertes des institutions ».

En 2023, le Luxembourg célébrera également le 175<sup>e</sup> anniversaire de la Constitution de 1848. À cette occasion, la Chambre des Députés organisera une fête populaire et une séance académique en date du 28 avril 2023 à Ettelbruck, en étroite coopération avec l'administration communale locale, de même qu'une exposition en collaboration avec les Archives nationales.

### La Constitution révisée renforce le rôle de la Chambre

Le dialogue intensifié avec le citoyen a davantage renforcé le rôle du Parlement luxembourgeois. Le Président de la Chambre des Députés a rappelé les différents outils qui ont été ou seront mis en place pour renforcer ce dialogue et la participation citoyenne.

M. Etgen a notamment évoqué l'initiative législative citoyenne, inscrite dans la Constitution révisée et qui sera en vigueur le 1<sup>er</sup> juillet 2023, les pétitions ou encore les actions de la Chambre dans le contexte de l'initiative « Conférence sur l'avenir de l'Europe » au niveau européen. « La Chambre n'est plus seulement l'institution qui représente le citoyen, mais celle où le citoyen est constamment impliqué. [...] La participation citoyenne renforce non seulement l'institution, mais rend notre société plus forte. »

### Une année marquée par le conflit en Ukraine

Suite à la crise sanitaire, le Luxembourg est confronté à de nouvelles crises : le conflit en Ukraine et les conséquences qui en résultent comme l'impact sur l'approvisionnement énergétique et la hausse des prix. « La Chambre des Députés soutient activement l'Ukraine et entretient des contacts très réguliers avec des représentants politiques ukrainiens », a expliqué le Président de la Chambre des Députés face aux représentants de la presse. M. Etgen a rappelé l'intervention du Président ukrainien, M. Volodymyr Zelensky, qui s'est adressé aux députés via visioconférence le 2 juin 2022, la visite officielle à la Chambre de la Vice-Ministre des Affaires étrangères de la République d'Ukraine, Mme Emine Dzhaparova, et celle de la Vice-Présidente du Parlement ukrainien, Mme Olena Kondratiuk, ainsi que la visite du Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, M. Yves Cruchten, à Kyiv.

Plusieurs événements internationaux sont à l'agenda de la Chambre en 2023, notamment la session de printemps de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN (AP-OTAN) qui rassemblera du 19 au 22 mai 2023 environ 300 parlementaires des États membres de l'Alliance atlantique et de l'Ukraine au Luxembourg.



*Le Président de la Chambre des Députés, le Secrétaire général ainsi que les membres du Bureau et de la Conférence des Présidents ont exprimé leurs vœux de Nouvel An.*

Retrouvez les discours (en luxembourgeois) du Président de la Chambre des Députés en scannant le code QR suivant :





Chaire de recherche en études parlementaires

## Signature de la convention pluriannuelle 2022-2026



De gauche à droite : M. Charles Margue, député membre du comité de pilotage de la Chaire de recherche en études parlementaires, le Prof. Jens Kreisel, vice-recteur à la recherche et recteur nommé de l'Université du Luxembourg, M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés, et le Prof. Philippe Poirier, titulaire de la Chaire de recherche en études parlementaires

Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, et le Prof. Jens Kreisel, vice-recteur à la recherche et recteur nommé de l'Université du Luxembourg, ont apposé leur signature sur la convention relative à la Chaire de recherche en études parlementaires pour la période de 2022 à 2026. Cette signature marque le renouvellement de la Chaire de recherche en études parlementaires, qui se trouve sous la direction du Prof. Philippe Poirier et qui bénéficie d'un soutien politique et financier de la part de la Chambre des Députés depuis son lancement en 2011.

Le fer de lance majeur et novateur de cette convention pluriannuelle est la création de l'Observatoire du politique, nommé Polindex. L'analyse de l'état politique et le baromètre sociopolitique du Luxembourg à l'horizon des élections législatives de 2023 et des élections européennes de 2024 constituent les éléments essentiels de ce projet de recherche. L'opinion publique quant aux rapports de la population avec la démocratie, les institutions et les organisations de la société civile sera au cœur de cette étude. Elle sera

réalisée sur plusieurs années à travers des sondages et questionnaires dans un espace-temps régulier et permettra d'identifier les éléments déterminant le comportement non seulement socioculturel, mais aussi socioéconomique et sociopolitique des électeurs.

Outre Polindex, la Chaire parlementaire lancera trois autres projets de recherche, à savoir :

- le traitement et la construction de l'information dans les parlements dans le contexte du débat législatif et du contrôle du gouvernement ;
- l'évolution de la représentativité politique, les référendums et les démocraties modernes, participatives et délibératives ;
- la gouvernance économique européenne.

Le dernier projet sera consacré à l'évolution et l'innovation sociodémographiques dans un contexte de diplomatie politique et de résilience vis-à-vis des multiples crises socio-économiques auxquelles les États membres de l'Union européenne doivent actuellement faire face.

Aux activités de recherche de la Chaire s'ajoutent ses activités d'enseignement supérieur, elles aussi cofinancées par la Chambre des Députés. Le nouveau master international en études parlementaires de l'Université du Luxembourg, créé en 2020, ainsi que l'encadrement de doctorants par les professeurs de la Chaire concourent à la formation des futurs experts en études politiques et parlementaires, tant au niveau national qu'international. L'organisation conjointe de conférences et de séminaires thématiques s'inscrit dans la même logique et vise de manière plus large la participation des hommes et femmes politiques, de la communauté scientifique et du grand public.

### « Un message de renouveau »

Pour la réalisation de différents projets dans le cadre du master en études parlementaires, un montant de 810.000 euros est alloué, dont environ 297.000 euros pour les études législatives et 512.000 euros pour le volet « Études électorales » de la Chaire de recherche en études parlementaires. Entre 2018 et 2022, la contribution financière globale s'élevait à 680.000 euros, la convention prévoyant une contribution de 339.000 euros à laquelle s'ajoutaient des études réalisées en dehors de la convention telles que l'étude Studialux.

« Cette collaboration renouvelée est tout d'abord un signe de continuité, de succès et de travail assidu de longue haleine », s'est réjoui le Président de la Chambre des Députés, en soulignant que cette nouvelle convention dégage un message de renouveau, d'innovation, de changements et de renforcement. « La création d'un Observatoire du politique, vœu de longue date de bon nombre de députés, est à saluer », a-t-il ajouté.

« Un Parlement qui soutient la science contribue à renforcer la démocratie », a expliqué le Prof. Jens Kreisel. « Les nouveaux projets de recherche analyseront les tendances sociales au Luxembourg et devraient également fournir des conseils politiques. Pour l'université, le développement sociétal est l'un de nos thèmes prioritaires, et servir le pays et sa société fait partie de notre stratégie. »

## Le Président de la Chambre des Députés a reçu...

... S. E. M. Aleksandar Tasić, Ambassadeur de la République de Serbie



## **Gel et confiscation des instruments et produits du crime dans l'UE**

**7452 – Projet de loi sur la gestion et le recouvrement des avoirs saisis ou confisqués et modifiant :**

**1° le Code pénal ;**

**2° le Code de procédure pénale ;**

**3° la loi modifiée du 5-15 septembre 1807 sur le privilège établi au profit du Trésor public pour le remboursement des frais de justice en matière criminelle, correctionnelle et de police ;**

**4° la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ;**

**5° la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération inter-administrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de**

**– la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;**

**– la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;**

**– la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;**

**– la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;**

**– la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions et des cotisations d'assurance sociale ;**

**6° la loi modifiée du 25 mars 2020 instituant un système électronique central de recherche de données concernant des comptes de paiement et des comptes bancaires identifiés par un numéro IBAN et des coffres-forts tenus par des établissements de crédit au Luxembourg en vue de la transposition :**

**– de la décision 2007/845/JAI du Conseil du 6 décembre 2007 relative à la coopération entre les bureaux de recouvrement des avoirs des États membres en matière de dépistage et d'identification des produits du crime ou des autres biens en rapport avec le crime ;**

**– de certaines dispositions de la directive 2014/42 du Parlement européen et du Conseil du 3 avril 2014 concernant le gel et la confiscation des instruments et des produits du crime dans l'Union européenne ;**

**– de la directive (UE) 2019/1153 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 fixant les règles facilitant l'utilisation d'informations financières et d'une autre nature aux fins de la prévention ou de la détection de certaines infractions pénales, ou des enquêtes ou des poursuites en la matière, et abrogeant la décision 2000/642/JAI du Conseil**

Le projet de loi n° 7452 a pour objet de parachever la transposition de la directive 2014/42/UE du Parlement européen et du Conseil du 3 avril 2014 concernant le gel et la confiscation des instruments et des produits du crime dans l'Union européenne, laquelle a déjà fait l'objet d'une transposition par la loi du 1<sup>er</sup> août 2018 portant modification de diverses dispositions en vue d'adapter le régime de confiscation.

Par avis motivé du 11 mars 2019, la Commission européenne a estimé qu'il ressort de l'analyse des mesures de transposition notifiées que le Luxembourg n'a que partiellement mis en œuvre les obligations découlant de la directive susvisée. Entre-temps, la Commission européenne a saisi la Cour de Justice de l'Union européenne afin de faire condamner le Grand-Duché de Luxembourg pour les manquements constatés.

Afin de remédier aux manquements mis en exergue par la Commission européenne, le projet de loi entend opérer des changements au niveau du Code pénal, du Code de procédure pénale, de la loi modifiée du 5-15 septembre 1807 sur le privilège établi au profit du Trésor public pour le remboursement des frais de justice en matière

criminelle, correctionnelle et de police, de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ainsi que de la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises.

Les principaux changements proposés sont les suivants :

– la création d'un Bureau de gestion des avoirs (BGA) placé sous l'autorité du Ministre ayant la Justice dans ses attributions, et désigné comme « bureau centralisé », au sens de l'article 10 de la directive 2014/42/UE du Parlement européen et du Conseil du 3 avril 2014 concernant le gel et la confiscation des instruments et des produits du crime dans l'Union européenne ;

– la création d'un Bureau de recouvrement des avoirs (BRA) auprès du ministère public, et désigné comme « Bureau national de recouvrement des avoirs patrimoniaux » au sens de la décision 2007/845/JAI du Conseil du 6 décembre 2007 relative à la coopération entre les bureaux de recouvrement des avoirs des États membres en matière de dépistage et d'identification des produits du crime ou des autres biens en rapport avec le crime ;

– une adaptation du régime de confiscation, afin de permettre une exécution de cette peine conforme aux exigences de la directive ;

– une adaptation de l'article 3-6 du Code pénal en étendant l'accès à l'avocat à toute personne justifiant d'un droit sur un bien placé sous la main de la justice.

Le projet de loi n° 7452 vise également à transposer la directive (UE) 2019/1153 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 fixant les règles facilitant l'utilisation d'informations financières et d'une autre nature aux fins de la prévention ou de la détection de certaines infractions pénales, ou des enquêtes ou des poursuites en la matière, et abrogeant la décision 2000/642/JAI du Conseil.

Pour ce faire, il y a lieu d'opérer une modification ponctuelle dans la loi modifiée du 25 mars 2020 instituant un système électronique central de recherche de données concernant des comptes de paiement et des comptes bancaires identifiés par un numéro IBAN et des coffres-forts tenus par des établissements de crédit au Luxembourg.

Dépôt par M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 27/06/2019

Rapporteur : M. Charles Margue

Travaux de la Commission de la Justice

(Président : M. Charles Margue) :

17/07/2019 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

06/10/2021 Examen des amendements gouvernementaux

Examen de l'avis du Conseil d'État

23/02/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

Adoption d'une série d'amendements parlementaires

18/05/2022 Examen du 2<sup>e</sup> avis complémentaire du Conseil d'État

01/06/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 07/06/2022

Loi du 22 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 323, page 1



**Intervention par visioconférence devant la Chambre des Députés de M. Volodymyr Zelensky, Président de la République d'Ukraine**
**Sommaire**

- 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 06**  
M. Fernand Etgen, Président
- 2. Ordre du jour ..... p. 06**  
M. Fernand Etgen, Président
- 3. Discours introductif de M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés ..... p. 06**  
M. Fernand Etgen, Président
- 4. Discours de M. Volodymyr Zelensky, Président de la République d'Ukraine ..... p. 06**  
M. Volodymyr Zelensky, Président de la République d'Ukraine
- 5. Discours de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ..... p. 07**  
M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État
- 6. Mots de conclusion de M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés ..... p. 09**  
M. Fernand Etgen, Président
- 7. Débat suivant le discours de M. Volodymyr Zelensky, Président de la République d'Ukraine ..... p. 09**  
Débat : M. Claude Wiseler | M. Gusty Graas | M. Yves Cruchten (dépôt de la motion 1) | Mme Stéphanie Empain | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Dan Kersch) (dépôt de la motion 2) | Mme Nathalie Oberweis (intervention de M. Yves Cruchten) | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

Motion 1 : M. Fernand Kartheiser | M. Claude Wiseler | M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | M. Claude Wiseler (interventions de M. le Premier Ministre Xavier Bettel) | M. Sven Clement | Mme Nathalie Oberweis | M. Yves Cruchten | M. Fernand Kartheiser

Vote sur la motion 1 (adoptée)

Motion 2 : M. Yves Cruchten | Mme Nathalie Oberweis | M. Fernand Kartheiser

Vote sur la motion 2 (rejetée)

M. Volodymyr Zelensky, Président de la République d'Ukraine, assiste par visioconférence à la première partie de la séance publique.

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, Mme Sam Tanson, M. Henri Kox, M. Franz Fayot et M. Claude Haagen, Ministres.

Ont pris place aux tribunes : Mme Emine Dzhaparova, Vice-Ministre des Affaires étrangères de la République d'Ukraine, accompagnée d'une délégation ukrainienne, ainsi que des membres du corps diplomatique résident.

*(La séance publique est ouverte à 10.03 heures.)*

**1. Ouverture de la séance publique**

**M. Fernand Etgen, Président** | J'ouvre la séance publique.

**2. Ordre du jour**

L'ordre du jour proposé par la Conférence des Présidents vous a été transmis.

Est-ce que la Chambre des Députés y donne son accord ?

*(Assentiment)*

L'ordre du jour est adopté.

**3. Discours introductif de M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés**

Monsieur le Président, Monsieur le Premier Ministre, Mesdames et Messieurs les Députés, Mesdames et Messieurs les Ministres, Excellences, Mesdames et Messieurs, pour la première fois dans l'histoire de notre Parlement, nous accueillons le Président d'un pays en guerre. Ce qui était inconcevable il y a encore quelques mois, est aujourd'hui devenu réalité ; une réalité dure à saisir et difficile à supporter. Des images de destruction et de désespoir d'une nation nous parviennent chaque jour. Sachez que nous souffrons avec vous et que nous sommes et serons toujours à vos côtés pour traverser ensemble cette période funeste de notre histoire.

Votre combat contre l'agresseur russe est un combat pour la défense des valeurs européennes qui nous sont si chères : la paix, la démocratie, la liberté, la dignité humaine, la solidarité.

Le partage de ces valeurs qui nous unissent trace votre chemin vers l'Union européenne et rend incontestable, évidente même, la légitimité de votre souhait d'y adhérer. C'est pourquoi il est essentiel de trouver une voix commune pour approfondir notre partenariat et aider l'Ukraine à progresser sur sa trajectoire européenne.

Monsieur le Président, les actes d'une extrême violence visant les populations civiles ukrainiennes doivent cesser immédiatement. Nous ne tolérerons plus aucune haine, plus aucune cruauté envers des personnes innocentes et nous appelons instamment la Fédération de Russie à se conformer au droit international humanitaire et à cesser cette guerre d'agression illégale. Les auteurs de crimes de guerre devront répondre de leurs actes devant la justice. Il n'y a pas d'impunité.

Monsieur Zelensky, je tiens aussi à vous informer qu'au mois de mars, j'ai écrit une lettre à mes homologues de la Douma les informant que la Chambre des Députés suspend toutes les relations avec le Parlement de la Russie.

Avant de terminer, permettez-moi de saluer la présence parmi nous de la Vice-Ministre des Affaires étrangères de la République d'Ukraine, Madame Emine Dzhaparova.

**4. Discours de M. Volodymyr Zelensky, Président de la République d'Ukraine**

Monsieur le Président, vous avez la parole.

**M. Volodymyr Zelensky, Président de la République d'Ukraine** | Merci beaucoup, cher Monsieur le Président, je suis très honoré, cher Monsieur le Premier Ministre, Mesdames et Messieurs les Députés, les Membres du Gouvernement et toute l'Assemblée.

Cher peuple luxembourgeois, je suis vraiment reconnaissant pour cette possibilité de m'adresser à vous. Votre État et votre peuple ont une sage et ancienne

devise : « Mir wëlle bleiwe wat mir sinn – nous souhaitons rester ce que nous sommes. » Et cette devise est d'une grande actualité. On ne peut pas ignorer son sens profond. Nous, par exemple, pourquoi nous nous battons aujourd'hui ? Justement, pour rester ce que nous sommes – ce que nous sommes : hommes libres, indépendants, ouverts et alliés à tous les Européens.

Et nous luttons pour ce droit qui est le nôtre et pour le désir qui est le nôtre depuis très, très longtemps ; depuis très longtemps, car cette guerre de grande envergure dure : si on compte en jours, demain, ce seront cent jours de guerre de grande envergure. Mais en réalité, qu'est-ce que c'est que cette guerre de grande envergure ? C'est juste une figure de style pour distinguer la guerre qui dure en ce moment de la guerre que la Russie a commencée contre nous en 2014, il y a huit ans, quand l'armée russe a fait l'intervention et a occupé la péninsule de Crimée, un tiers du Donbass, en incluant les plus grandes villes du Donbass, Donetsk et Lougansk.

Et les hostilités ont duré huit ans ; huit ans, pendant lesquels des phases chaudes avec des combats acharnés sanglants étaient espacées par des phases courtes de silence des armes et de cessez-le-feu. Et pendant cette période entre 2014 et le 24 février 2022, l'Ukraine a perdu 14.000 militaires. L'Ukraine a aussi perdu 43.000 kilomètres carrés. Imaginez-vous bien : 43.000 kilomètres carrés ! C'est une superficie qui est comparable à des pays, des États comme les Pays-Bas.

Eh bien, déjà à l'époque, en 2014, on aurait dû penser à ce bilan colossal concernant cette agressivité expansionniste russe.

Mais non, la Russie ne s'est pas arrêtée là avec sa barbarie. Non, elle a attaqué l'Ukraine. Et aujourd'hui, la Russie a occupé 3.620 localités ukrainiennes, dont 1.017 sont déjà libérées, mais il y en a encore 2.630 à libérer. À l'heure où je vous parle, 20 pour cent de notre territoire sont sous l'occupation russe. Vous imaginez, ces 125.000 kilomètres carrés, c'est

largement plus que la superficie totale des pays du Benelux. 300.000 kilomètres carrés de notre territoire sont souillés par des mines et des obus non explosés. Douze millions d'Ukrainiens sont devenus déplacés internes. Cinq millions sont partis en tant que réfugiés à l'étranger, sous protection provisoire.

Aujourd'hui, des combats acharnés se déroulent sur une étendue de territoire immense, de Kharkiv à l'est de l'Ukraine jusqu'au sud à Mykolaïv. Si vous reliez les deux points, ce sont 454 kilomètres. Mais la ligne de front, elle n'est pas directe et donc aujourd'hui, ce sont 1.000 kilomètres. Imaginez : tenir une ligne de front de 1.000 kilomètres !

Tous les jours, l'Ukraine est frappée par des missiles russes. Rien que pour la journée de hier, la Russie a tiré 15 missiles de croisière. Mais depuis le 24 février 2022, déjà 2.478 missiles ont été tirés. Et la plupart des tirs visent des infrastructures civiles.

Aujourd'hui, la Russie a déployé toutes ses forces de combat en état de combattre sur le territoire ukrainien. En ces cent jours de guerre, la Russie a déjà perdu 30.000 soldats. C'est plus que l'Union soviétique a perdu en dix ans de guerre en Afghanistan. C'est plus que pendant les deux guerres en Tchétchénie.

Mais la Russie ne s'arrête pas. L'État est prêt à continuer à subir ces pertes et à tuer. Pourquoi ? Parce qu'un seul homme souhaite ne pas nous laisser la possibilité de « rester ce que nous sommes ». La Russie a détruit, complètement détruit le Donbass qui était le fleuron de l'industrie en Europe. Par exemple, la ville de Marioupol, où habitait un demi-million d'habitants, c'était une ville au bord de la mer, une ville industrielle. Aujourd'hui, la ville est complètement détruite ; les rues : un champ de ruines.

Nous n'avons pas encore les chiffres certains du bilan humain. Combien d'Ukrainiens ont été tués par les occupants russes ? En cent jours, nous pensons que ce sont déjà des dizaines de milliers.

C'est pour ça que nos appels sont si forts et nous sollicitons le monde entier pour nous aider en termes de politique défensive, en termes d'armes. Nous pensons à ce qu'il faut, qu'il faut notre courage et qu'il faut continuer, que nous devons repousser – et c'est ce que nous faisons –, repousser l'envahisseur. Et nous sommes prêts à défendre notre liberté et nos valeurs. Et ce sont nos valeurs communes. Nous comptons beaucoup sur le soutien que nous avons reçu de nos partenaires européens. Je suis très reconnaissant à votre Gouvernement de la décision historique d'aider l'Ukraine.

Contrairement aux autres États, l'Ukraine n'a pas de grands dépôts de munition et de grandes capacités de production d'armes. Mais vous, vous avez saisi ce moment et très rapidement, vous avez pris la motion en faveur de la solidarité et en faveur du soutien défensif de l'Ukraine, sans bureaucratie inutile avec votre grand cœur. Et donc, je suis très reconnaissant à votre État, à votre peuple pour votre rôle actif dans la prise de décision concernant les sanctions contre la Russie pour arrêter la Russie dans son désir d'agressivité contre les Ukrainiens et contre les autres États.

Pour arrêter la machine de guerre, il faudrait que tout le monde soit uni face à cette catastrophe d'ampleur planétaire qui nous rappelle, qui nous renvoie à la Deuxième Guerre mondiale, quand la menace nazie a pesé sur l'ensemble de l'Europe, sur l'ensemble du monde. Il faudrait que nous soyons tous unis face à cette menace, face à cette agression et que nous nous opposions tous.

Il faudrait donc fournir plus d'armes à l'Ukraine, des armes modernes, qui peuvent nous assurer notre avantage en termes d'armes et de technologies. Il

faudrait encore peser plus sur la Russie en termes de sanctions. Après le sixième paquet, dont la décision a déjà été prise, il faut déjà commencer à préparer le septième paquet. Toutes les structures, tous les actifs des personnalités juridiques et physiques qui peuvent contribuer à l'effort de guerre, qui peuvent être liées au régime russe, doivent être sanctionnés et gelés !

Il faudrait prévoir aujourd'hui le mécanisme juridique pour non seulement geler ces actifs, mais aussi pour les utiliser en tant que compensation et réparation pour tous ceux qui ont subi cette agression. Ce serait juste.

C'est aujourd'hui que l'Europe passe un grand test, un test : est-ce que l'Europe est capable de défendre ses valeurs ? L'Ukraine est déjà devenue membre de facto de l'Union européenne. Aujourd'hui l'Ukraine, par ce qu'elle fait, par ses actions, elle prouve qu'elle correspond aux critères européens. Et je crois vraiment que le Luxembourg comme un des pays fondateurs des traités de l'Union européenne va se prononcer en faveur d'abord de la candidature de l'Ukraine, de l'octroi donc du statut de candidat, et ensuite en faveur de la procédure accélérée. Ce serait vraiment un très grand et beau projet pour notre génération.

Et avec le potentiel, le grand potentiel technologique et industriel du Luxembourg, nous pourrions mettre ensemble nos potentiels et ce serait profitable, mutuellement profitable pour toutes les nations, et nos deux nations en particulier.

Je vous invite, Monsieur le Président, Monsieur le Premier Ministre, à vous rendre en Ukraine dans notre capitale. Et nous espérons aussi, Monsieur le Président, d'entendre votre discours devant le Parlement ukrainien.

Et donc, je reviens encore à votre sage et ancienne devise : « Nous souhaitons rester ce que nous sommes. – Mir wëlle bleiwe wat mir sinn. »

Cette guerre de la Russie contre l'Ukraine, elle est décisive aujourd'hui. Elle est décisive pour l'Europe, car dans cette guerre, ce qui est en jeu, ce qui se joue en Ukraine, c'est le sort des valeurs, de notre capacité de défendre les valeurs communes, les valeurs européennes. Et il faut empêcher cet homme, ce seul homme qui veut détruire les libertés en Europe. Et si nous ne réussissons pas ensemble à l'arrêter, eh bien, ce sont les jours sombres et les heures sombres qui viendront, les jours sombres que nous avons déjà connus pendant la Deuxième Guerre mondiale.

Et ces âcres relents de ces temps passés reviennent malheureusement aujourd'hui dans notre agenda. Mais la tyrannie doit perdre pour que l'Europe puisse rester ce qu'elle est, ce qu'elle est aujourd'hui : libre, ouverte, unie et aussi capable et forte dans sa diversité. Et donc je suis très reconnaissant au Grand-Duché de Luxembourg d'être à nos côtés, d'être solidaire.

Merci beaucoup, Luxembourg ! Gloire à l'Ukraine !

(Applaudissements)

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Monsieur le Président.

## 5. Discours de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

Je vais céder la parole à Monsieur Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État** | Messieurs les Présidents, cher Fernand, cher Volodymyr, Mesdames, Messieurs les Députés, cher Volodymyr, je dois dire que j'ai écouté votre intervention avec attention et j'ai déjà eu l'occasion ce matin,

avant ce rendez-vous ici au parlement, d'avoir un échange avec Madame Dzhaparova, que j'avais déjà eu le plaisir de recevoir au Grand-Duché de Luxembourg.

Permettez-moi de commencer tout d'abord à penser et saluer la mémoire des victimes des guerres dans ce moment et dans ces villes martyres qui sont Boutcha, qui sont Marioupol ou qui sont Sievierodonetsk. Ce qui m'a le plus frappé, Monsieur le Président Zelensky, c'est la manière et l'énergie avec laquelle vous et le peuple ukrainien avez refusé un destin qu'un voisin plus grand essaie de vous imposer.

Comme vous l'avez dit, c'est quelque chose qu'on a connu ici aussi. Et nous devons savoir que de nombreux ne prédisaient pas cette résistance ukrainienne, cette volonté de se battre. Beaucoup disaient : « Quelques heures, quelques jours et Kiev va tomber et l'Ukraine va tomber ! » Et trois mois plus tard – depuis le début –, vous avez décidé que ce ne serait pas une fatalité et que ce ne serait pas tel que certaines autres personnes l'ont imaginé !

En incarnant cette force de résistance face à un agresseur, vous nous donnez à tous une leçon de courage. Vous, Monsieur le Président, et votre peuple aussi !

Ces derniers mois, le monde entier a pu constater la volonté, la force et la résilience du peuple ukrainien. Aujourd'hui, je souhaite réitérer l'entière solidarité du Grand-Duché de Luxembourg à votre pays. Vous pouvez compter sur notre détermination pour continuer notre appui au peuple ukrainien face à cette agression russe, aussi bien au niveau humanitaire et financier qu'en équipements de défense et aussi au niveau de la mise en œuvre des sanctions.

Avec ce soutien, actuellement notre pays, proportionnellement à sa population, figure parmi les contributions les plus importantes en faveur de l'Ukraine de la part des membres de l'Union européenne. Et nous en sommes fiers !

Ainsi que pour l'accueil des réfugiés : quelque 5.500 Ukrainiens, essentiellement des femmes et des enfants, ont trouvé refuge au Grand-Duché de Luxembourg. Et je dois vous dire que, Monsieur le Président, je suis fier d'être Premier Ministre d'un pays où les initiatives privées n'ont pas connu de limites. Les gens se sont rendus jusqu'à la frontière. Les gens ont accueilli des Ukrainiens de manière non administrative, non compliquée, mais ont dit : « On veut aider et on les prend. »

Et j'ai visité des centres avec notre Ministre de l'Intégration pour voir comment ça se passait. Et ces gens – ne le prenez pas mal, personne ici dans cette salle –, ces gens ne cherchaient pas une meilleure vie, mais ces gens cherchaient la survie !

Et je tiens à remercier aussi ici à un volet qui est très important, c'est celui de l'éducation, avec les moyens que nous avons trouvés rapidement pour donner à ces enfants aussi le plus rapidement possible les chances de pouvoir retourner à ce qu'on appelle « l'école ». Ne pas donner une éducation à cette génération d'enfants serait les priver d'un certain avenir. Donc, je tiens à remercier aussi pour tout ce qui a été fait au niveau de l'éducation nationale à ce niveau.

On le sait, Monsieur le Président, que ces traumatismes laisseront des blessures durables. Et ces images que nous voyons tous les jours de meurtres, d'assassinats, de viols, de tortures, d'exécutions sommaires s'accumulent. Et on ne peut pas juste dire que c'est devenu le quotidien et que ça deviendrait d'une quelconque manière une certaine normalité ou fatalité. Vous pouvez compter sur nous aussi pour continuer à soutenir les acteurs, qu'ils soient nationaux et internationaux, pour qu'aucun crime reste impuni de ce qui se passe sur votre territoire !



Et face à cette guerre d'agression, le soutien du Luxembourg, de concert avec les partenaires – c'est ça ce qui est important – de l'Union européenne et de l'OTAN, se décline selon les axes suivants : tout d'abord un volet humanitaire. En étroite coopération justement avec nos partenaires, nous avons alloué 4 millions d'euros d'aide humanitaire avec un accent sur la sécurité justement des enfants et aussi sur le déminage, et livré aussi 50 tonnes de matériel anti-incendie et médical. Des services de connectivité aux humanitaires ont également été fournis via la plateforme de télécommunication emergency.ly.

Et notre principale préoccupation reste la souffrance bien sûr et la perte de vies humaines due à des violations continues du droit international et des droits de l'homme. Et ces civiles doivent être protégés. Les femmes et les enfants doivent être à l'abri des violences. Les travailleurs humanitaires ne doivent pas devenir une cible. Et les couloirs humanitaires doivent être efficaces et ne doivent pas devenir un outil politique.

Au niveau du soutien militaire – et le Ministre de la Défense est ici à ma gauche –, et lors des échanges que nous avons eus directement, vous, Monsieur le Président, avec moi-même, ou avec le Premier Ministre ukrainien... Il n'y a pas une semaine – et je sais, je ne le dis pas, je ne communique pas, mais vous le savez très bien – où je n'ai pas de contact avec vous, pas une semaine où il n'y a pas le Premier Ministre ukrainien ou les autorités ukrainiennes avec lesquels nous essayons de voir : comment est-ce qu'on peut travailler de manière efficace ?

Je n'en fais pas de publicité. Mais on essaie de voir : comment est-ce qu'on peut être efficace dans notre aide ? Nous avons su, et c'est vous-même qui me l'avez dit, qu'il faut les moyens pour votre armée pour pouvoir être en mesure de défendre et de résister contre de futures attaques et pour que l'Ukraine ait aussi la possibilité de définir son propre avenir. Et nous avons, pour la première fois dans notre histoire, pris des décisions – et je remercie le Parlement, Monsieur le Président aussi, qui dans sa grande majorité, dans sa très grande majorité a soutenu le Gouvernement aussi dans ces choix – de fournir des équipements de défense pour une valeur de 50 millions d'euros, ce qui est quelque chose que nous n'avions jamais fait auparavant. Et des armes létales, quelque chose que notre pays ne connaissait pas jusqu'à maintenant !

Et nous continuerons à le faire. Et je sais que demain il y aura encore une réunion entre votre représentante et le Ministre de la Défense pour voir comment on peut vous aider de manière efficace.

Concernant les sanctions, nous avons pris des sanctions contre des entités, contre des individus, des types de biens, des types de services. J'ai eu un Conseil européen lundi et mardi avec les collègues où nous avons adopté le sixième paquet. Je sais que pour vous – et je connais votre impatience, je vous connais depuis assez longtemps –, vous aimeriez que ça aille plus vite. Mais à 27, il est important de trouver des compromis. Et je dois vous dire – si les nouvelles que j'ai eues hier sont justes – qu'un pays membre de l'Union européenne a l'intention de bloquer le sixième paquet de sanctions du fait que le patriarche Cyrille serait sur la liste des personnes sanctionnées. C'est inacceptable !

Je n'ai pas cité le pays, mais je peux vous dire que hier soir, j'ai déjà contacté Viktor Orbán pour lui dire que je trouvais son comportement inadmissible. Le patriarche Cyrille était déjà sur la liste avant la réunion de Bruxelles et on ne peut pas maintenant être pris en otage – 26 autres pays – pour cette raison. Je ne l'accepterai pas !

Alors, les sanctions sont des sanctions importantes. Et je l'ai dit dès le départ, Monsieur le Président, que la

paix a un prix, un prix pour nous tous ! Qu'aujourd'hui votre contribution, elle est humaine – il y a des pertes de vie ! –, il y a des pertes matérielles, mais que nous devons être conscients et solidaires. Et actuellement, nous savons que tout ce que nous perdons, c'est de la finance et de l'argent, alors que vous perdez tous les jours des enfants, des civiles et des soldats. Et nous avons coopéré de manière proactive sur toutes les mesures et nous continuerons aussi pour que les sanctions soient adoptées et surtout qu'elles ne soient pas contournées, ce qui est très important aussi.

Au niveau du soutien financier, on a adopté aussi une nouvelle assistance macro-financière exceptionnelle à hauteur de 9 milliards d'euros de la part de l'Union européenne. Et nous savons très bien que nous en aurons besoin, car aujourd'hui, très peu en parlent, mais il y aura un demain, la reconstruction de l'Ukraine, et qu'il est important aussi que l'Union européenne présente cette plateforme pour permettre à l'Ukraine de demain de devenir de nouveau l'Ukraine qu'elle était auparavant.

Monsieur le Président, vous avez parlé aussi des aspirations européennes. Et votre pays a transmis la candidature pour devenir membre de l'UE. Nous savons tous que nous attendons aujourd'hui l'avis de la Commission européenne sur l'opportunité ou non d'accorder le statut à votre pays.

Je peux vous dire que notre pays ne sera vraiment pas, même... Si la Commission dit oui, bien sûr on sera... Parce qu'aujourd'hui, à 27, il faut avoir l'accord des 27. Le Luxembourg ne s'opposera de toute façon pas. Ça, vous devez le savoir. Mais au contraire, au cas où la Commission européenne met des conditions, on fera tout pour que vous puissiez remplir ces conditions le plus rapidement possible. Tout !

Mais dans ce débat, il faut aussi gérer les attentes de toutes les parties. Nous le savons, actuellement – et vous avez parlé de procédure accélérée – il n'y a pas de procédure accélérée qui existe au niveau de l'Union européenne. Et nous savons que même avec un statut de candidat, on n'est pas encore membre. Donc il y a aussi encore une durée qui existe. Et tout à l'heure, j'en ai parlé aussi à Madame Dzhaparova : il y a la guerre, certes, qui est physique, qui est humaine, mais il y a aussi l'aspect psychologique de soutien, de savoir que cette perspective européenne est là. Et je sais qu'elle est importante pour le peuple ukrainien, qu'il est important pour les gens qui se défendent tous les jours de se dire : « Oui, l'Europe est l'avenir aussi de l'Ukraine ! ».

Et nous savons qu'il y a les critères de Copenhague et tout ça qui doit encore..., qu'il y a des défis substantiels qui existent. Et nous devons voir aussi, comment... Aujourd'hui, on doit surtout éviter une chose, Monsieur le Président, et ça, je vous le dis très honnêtement : le pire qui puisse arriver, c'est qu'au mois de juin on n'arrive pas à se mettre d'accord ! Ce serait le pire message de l'Union européenne qu'au mois de juin les 27 n'aient pas d'accord et qu'on dise : « C'est reporté à plus tard. »

Je sais que mon collègue français a présenté le jour de l'Europe, le 9 mai, différentes choses : comment est-ce qu'on peut par exemple travailler au niveau du marché intérieur, des programmes UE, Horizon, Erasmus, et cetera, et cetera. Si, c'est une option qu'on trouve. Mais ne donner à l'Ukraine aucun signal positif en juin, ce serait à mon avis très difficile ! Et je pense que l'alternative française, si on n'arrive pas à avoir un avis positif de la Commission, devrait au moins être un pas pour montrer au peuple ukrainien que oui, la candidature ukrainienne est quelque chose qui est pris sérieusement et que l'avenir de l'Ukraine est dans l'Europe.

À ce niveau-là, et vous le savez, je vous l'ai déjà dit, je ne le cache pas, une erreur fondamentale serait d'ignorer la Moldavie et la Géorgie. On connaît la situation en Transnistrie, je l'ai déjà dit, il ne nous faut pas oublier dans cette discussion qu'on a au mois de juin la Géorgie et la Moldavie.

Permettez-moi aussi de parler de la sécurité alimentaire. Vous savez qu'on en a parlé. Vous savez qu'aujourd'hui une volonté aussi du président russe est d'étouffer l'Ukraine. De l'étouffer ! De l'étouffer à tous les niveaux, et économique aussi, nourriture aussi. On le sait. On le sait ! Et aujourd'hui, le fait de prendre non seulement le pays, mais aussi le grain – permettez-moi de le dire – « en otage » en disant : « Eh bien, ils n'arriveront plus à exporter », c'est bien sûr une volonté d'étouffer l'Ukraine au niveau économique, mais aussi de provoquer une crise alimentaire qui risque d'avoir des répercussions au niveau international qui dépasse largement !

On ne peut pas aujourd'hui accepter, Monsieur le Président, qu'on nous dise que s'il y a une crise alimentaire qui, soit provoquée, existe, ce serait du fait des sanctions contre la Russie ! Si demain il y a une crise alimentaire au niveau mondial, ce sera du fait de l'agression russe et de personne d'autre ! Arrêtons de penser que ce sont des sanctions qui sont responsables de quoi que ce soit. Il est important de le souligner.

Et un appel à vous aussi, Monsieur le Président : aujourd'hui, j'ai vu que vous avez fait le tour de la plupart des capitales européennes – parlez aussi aux collègues africains et aux parlements africains ! Parlez aussi aux parlements d'Amérique latine, car je vois de plus en plus qu'un narratif russe est en train de s'installer pour dire qu'après, ce sera de la faute de l'Union européenne s'il y a un problème ailleurs.

Et on le voit que même le soutien dans des instances internationales est en train de grandir, ou peut-être que le rejet que l'on a connu au début contre la Russie est en train de se réduire, que certains pays deviennent plus neutres. Il y a eu un dernier vote à l'OMS où plus de 100 pays ne sont pas objectés à la Russie. Donc il est important, Monsieur le Président... Nous ici, je ne veux pas dire que vous prêchez des convaincus, mais il est important aussi de faire des discours et d'expliquer ce qui se passe chez vous dans d'autres parties du globe, sur d'autres territoires, ou sinon nous risquons de perdre des alliés aujourd'hui. Et je pense qu'il est très important de le dire ici.

Alors oui, vous êtes en guerre, Monsieur le Président, et nous sommes – et j'insiste à le dire –, nous ne sommes pas en guerre contre le peuple russe. Ce sont les autorités, les dirigeants russes qui ont provoqué cette guerre. On ne doit pas tomber dans le cliché de dire que tous les Russes du monde entier... et avoir cette russophobie que l'on connaît aussi. Beaucoup de gens condamnent, même en Russie, ce qui se passe aujourd'hui.

Pour nous, ce qui est important avant tout, c'est de soutenir votre pays face à cette agression. Au début, nous avons eu aussi des entretiens téléphoniques, vous et moi, où vous m'avez aussi dit qu'il est important – et je partage cet avis, on voit très bien comment se passent les négociations –, qu'il est important que vous, Monsieur le Président, rencontriez le président russe. Que ça plaise ou que ça ne plaise pas, ce sera le seul niveau auquel on pourra avancer. Ça ne sert à rien d'avoir des négociateurs, on sait très bien qu'à Moscou, il n'y a personne d'autre qui décide que Vladimir Poutine actuellement.

Donc il est important d'avoir cette réunion entre vous et lui. Je le maintiens ! Et vous savez que suite aux

entretiens que j'ai eus avec vous, j'ai téléphoné à deux reprises à Vladimir Poutine. Même dans cette enceinte ici du Parlement, je me suis fait critiquer par certaines personnes du fait que j'ai voulu dialoguer. Mais le dialogue sera la seule solution pour pouvoir sortir de cette situation.

Et vous devez comprendre, Monsieur le Président, qu'après Boutcha, je ne peux plus parler à Vladimir Poutine. Ce qui s'est passé à Boutcha, ce qui s'est passé dans d'autres villes, est inacceptable. Et le pire qu'il y a eu, c'était de décorer des militaires qui ont fait des crimes de guerre ! Pour moi, c'était la... Je ne peux plus ! Je ne peux plus, je trouvais tout simplement que c'était... impossible !

Vous pouvez compter sur notre engagement. Si vous pensez qu'il est utile de retenter de pouvoir faciliter une réunion entre vous et... ou en tout cas d'essayer de tenter, je suis à votre disposition depuis le début. Ça fait trois mois que je vous dis : « Dites-moi comment on peut aider ! » Je répète : si vous pensez que je dois faire quelque chose, que ce soit dans un sens ou dans un autre, je le ferai.

Nous avons soutenu l'Ukraine, nous soutenons l'Ukraine et nous continuerons à soutenir l'Ukraine. Slava Ukraini !

**M. Volodymyr Zelensky**, Président de l'Ukraine | Merci beaucoup !

(Applaudissements)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Monsieur le Premier Ministre.

## 6. Mots de conclusion de M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés

Monsieur le Président, Monsieur le Premier Ministre, Mesdames et Messieurs les Députés, Mesdames et Messieurs les Ministres, Excellences, Mesdames et Messieurs, la force des mots que nous venons d'entendre ne nous laisse pas indifférents. Bien au contraire !

Monsieur le Président, vous venez d'exprimer toute la souffrance de votre peuple, mais en même temps tout le courage et la volonté d'une nation entière de se battre pour reprendre en main son destin.

Nous ne sommes ni insensibles ni immobiles face à un tel plaidoyer. La Chambre des Députés souhaite exprimer sa solidarité et son soutien à l'Ukraine avec une motion qui sera discutée à la suite de cet échange. Cette motion condamnera fermement la guerre d'agression menée par la Fédération de Russie ainsi que la complicité de la Biélorussie dans cette guerre, et la Chambre va prendre position sur l'avenir européen de l'Ukraine.

Nous veillerons à ce que tout soit mis en œuvre pour vous porter assistance, que ce soit au niveau militaire ou humanitaire. Le Luxembourg continuera à se tenir aux côtés de l'Ukraine et de sa population dont le courage est exemplaire. Nous n'abandonnerons pas le peuple ukrainien. Ensemble nous allons reconstruire l'Ukraine. Ensemble nous allons parcourir le chemin qui mènera à l'adhésion de l'Ukraine à l'Union européenne.

Monsieur le Président, face à la peur et à l'attaque, vous avez choisi le courage. En quelques mots : vous êtes devenu le symbole d'une lutte acharnée contre un agresseur sans pitié, un symbole de résistance et de persévérance pour un peuple tout entier.

Mesdames et Messieurs, mes chers collègues ici présents, je vous invite à vous lever et à applaudir afin de

rendre hommage et saluer le courage du peuple ukrainien. Slava Ukraini !

(Applaudissements)

Avant de passer au débat, je vais brièvement interrompre la séance publique pour environ dix minutes. Merci.

(La séance publique est suspendue à 10.42 heures.)

\*\*\*

(La séance publique est reprise à 11.06 heures.)

## 7. Débat suivant le discours de M. Volodymyr Zelensky, Président de la République d'Ukraine

D'Chamber féiert elo eng Debatt iwwert d'Intervention vum ukrainesche President, dem Här Volodymyr Zelenskyj. Deene verschiddene Fraktiounen souwéi deene verschiddene Sensibilitäten an och der Regierung stinn zéng Minutten zou.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler ageschriwwen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Villmools merci, Här President. De Message vum President Selenskyj war kloer, ergreifend a fundamental richteg, gradesou wéi de Message vum deene Leit, deenen Ukrainer, déi haut de Moie virun der Dier vun der Chamber stoungen, wou jiddweree mat senger eegener Geschicht eis gesot huet, datt d'Ukrain Opfer vun engem onprovokéierten Aggressiounskrich ginn ass, dee mat nâischt ze entschëllegen ass.

D'Ukrain kämpft fir hir Fräiheet, fir dat ze bleiwen, wat se sinn. D'Ukrain kämpft fir hiert Recht op Demokratie. D'Ukrain kämpft fir hir Wäerter, déi déi selwecht si wéi eis. An d'Ukrain kämpft och fir eis.

Mir musse wëssen, datt den Här Putin net ophält. Haut net an der Ukrain, wou et méi Doudeger, méi Massakere, och bei der Zivillbevölkerung, méi Vergewaltunge wäert ginn, a méi Leit, déi flüchten.

Dat sinn net just Kollateralgeschehnisse vun engem Krich, dat ass eng systematesch ugewannte Krichstechnik, fir Populatiounen ze terroriséieren a fir se domadder ze decouragéieren, zynesch a brutal.

Gewënnt de Putin an der Ukrain, dann hält en och do net op. Moldawien, Georgien, déi baltesch Länner fille sech och a Gefor, fille sech och mat Recht a Gefor a leeden alles an d'Wee, fir hir Verteidigung ze organiséieren.

De Putin probéiert, d'EU auserneenedreien. Mir ware bis elo aussergewéinlech solidairesch, an ech si stolz dorobber; ausser heiansdo Ungarn, déi ausgeschert sinn.

**Une voix** | A !

**M. Claude Wiseler** (CSV) | De Putin awer akzeptéiert d'Konsequenze vun enger Hongersnout an Afrika a setzt se esouguer als Waff an, andeem Weessspäichere bombardéiert ginn, andeem Blockagen um Mier gemaach ginn, fir den Export vu Liewensmëttelweess ze verhënneren, fir domat Migratiounswellen ze declenchéieren an d'EU ze destabiliséieren. Hongersnout als Krichswaff agesat! E féiert säit Joren e Kommunikatiouns- a Cyberkrich géint Europa, géint déi westlech Demokratien.

De President Selenskyj freet d'EU an d'NATO ëm Hëllef. Fir eis ass et kloer: E muss déi Hëllef kréien, well en domat engem Land hëllef, wat onverscholt iwwerfall ginn ass. Dat ass völkerrechtlech legitim, dat ass moralesch eng Pflicht!

De President Selenskyj huet elo just nach eng kéier kloer Ufroen un d'EU gemaach, haaptsächlech fir méi a méi modern Waffen ze kréien, méi Sanktiounen an och EU-Perspektiven ze kréien. Eis Äntwert: Et gëtt just eng Limit an deenen Hëlfe, déi mer kënnen ginn. Dat ass, datt d'EU – oder d'NATO – net ka selwer direkt zur Krichspartei ginn, well sech dann zwou atomar Muechte direkt géife géigeniwwerstoen an de Risiko ze grouss ass.

All aner Hëllef muss d'Ukrain an eisen Ae kréien. Liwwere vu Waffen, déi se brauchen, och schwéiere Waffen, ass fir eis eng Evidenz. An d'Lëtzebuerger Regierung huet hei – an ech soen dat nach eng kéier ganz kloer – richteg gehandelt.

Ech verstinn iwwerhaupt net d'Positiounen vun enger Rei Nopeschlänner, wou en onverständlech Hin an Hier a mengen Aen extreem vill Zäit verschwent, do, wou Zäit, do, wou all Dag wichteg ass, well all Dag Leit stierwen.

Mir sinn als Partei och der Meenung, datt en totalen Embargo op Pétrol, Kuelen, nukleare Brennstoffe a Gas absolut noutwendeg ass. Mir verstinn net dat Hin an Hier, wa mer déi Dramen, Doudeger, Flüchtlingen, Oppressioun, Nout kucken. Wéi erkläert Der de Leit, datt mer net alles maachen, fir dat ze vermeiden?

Ech sinn och schockéiert, wann ech d'Impressioun hunn, datt verschidde Länner, haaptsächlech eent, déi Situatioun, an där mer elo dra sinn, wann d'EU wëllt Sanktiounen huelen, benotzen, fir ze erpressen an dann duerno finanziell Avantagen erauszeschloen.

Ech si frou, datt mer eis iwwer eise sechste Pak vu Sanktiounen eens gi sinn. Ech hoffen, datt mer eis eens gi sinn an datt dat elo net erëm blockéiert gëtt, esou wéi dat, wat mer haut an den Zeitunge gelies hunn.

Ech si frou driwwer, och wa mer mengen, datt en inkomplett ass, datt en net kloer ass, datt en net wäit genuch geet an datt en ze spéit kënn. Ech sinn emol frou, datt mer iwwerhaupt weiderkomm sinn, datt en ugehall ginn ass. An elo kënn de siwente Pak, un deem mer musse schaffen.

Mir mussen d'Ukrain och ënnerstëtze bei hirem Wëllen, EU-Member ze ginn, andeem d'europäesch Institutionen, a Conformitéit zu hire Prozeduren, hir de Kandidatstatus zouerkennen. Duerno ass et selbstverständlech nach e laange Wee, fir d'Krittären ze erfëllen. An Tëschenzäit soll awer déi Integratioun an de Marché unique mat Accord-d'associatione kënnen geschéien. Mir mussen d'Saache kloer maachen a mir mussen d'Saachen och haut kloer soen!

Verschiddener soen: „Mir mussen den Dialog sichen an déi zwou Parteien un den Dësch kréien.“ Se soen: „Mir musse kucken, wéi mer et kënnen maachen, datt den Här Putin säi Gesiicht net verléiert.“

(Interruptions)

Ech stelle fest, datt Diplomatie an Dialog haut gescheitert sinn, datt Regierungschefen, europäesch Regierungschefen, virgefouert gi sinn. Wéi wëllt Der mat engem schwätzen, dee kalbiddeg weider onschëlleg Leit massakréiert, deen Iech um Dësch virféiert, deen net ee Saz seet ouni ze léien, fir Zäit ze gewannen als psychologesche Krichswaff, deen d'Zäit vum Dialog nëmme benotzt, fir säi Krich weiderzeféieren?

Ech soen haut ganz kloer: Et ass haut net d'Zäit, fir drun ze denken, wat mer solle maachen, fir datt den Här Putin säi Gesiicht net verléiert! Et geet haut drëm, wat mer kënnen maachen, fir datt d'Ukrain dëse Krich gewënnt!

**Plusieurs voix** | Très bien!



**M. Claude Wiseler (CSV)** | Dat ass dat eenzeg Zil, wat mer haut sollen hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Bis dohi gëtt souwisou kee richtegen Dialog gefouert, an dann duerno kënnt den Dialog souwisou.

Verschiedener soen: „Der Ukrain hëllef ass geféierlech!“ Ech soen: Näscht maachen ass geféierlech! De Putin de Krich gewanne loosson ass geféierlech! Et ass eng absolut Feelaschätzung ze soen: „Provocéiert den Här Putin net, gitt him ëm Gottes wëlle kee Motiv, géint eis virzegoen!“ De Putin brauch keng Motiver oder Excusen, fir seng Politik ëmzesetzen! E weess, wat e wëllt, an e mécht et kalbliddeg, Schrëtt fir Schrëtt. Wann en eng Excuse brauch, da féint e se oder en erfénnt se. Angscht ass feel op der Plaz. Stärker an Eenheet weisen ass dat Eenzeg, wat zielt!

D'Ukrain huet eis voll Ënnerstëtzung. Ech hunn haut méi wéi jee d'Iwwerzeegung, datt mer domat op der richteger Säit vun der Geschicht sinn.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Claude Wiseler. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas (DP)** | Merci, Här President. Mam Wuert „historesch“ soll ee virsiichteg ëmgoen. An trotzdem mengen ech, datt een dat Wuert „historesch“ haut hei an der Chamber ka gebrauchen. Mir hunn haut e ganz engagéierten ukrainesche Präsident héieren. Mir hunn e President héieren, deem säi Land zënter dem 24. Februar am Krich ass, an déi Usprooch huet ouni Zweifel ganz vill bedeit. Et war eng emotional Usprooch, mee et war awer och eng ganz engagéiert. En huet och eng immens flott Relatioun zu eisem Land hiergestallt, an ech mengen, datt huet eis alleguer heibannen awer staark beréiert.

Dem Här Selenskyj säin Asaz ass bewonnerenswäert. An ech woen ze behaupten, datt mer ouni de Charisma vun engem President Selenskyj vläicht elo déi Solidaritéitswell, déi zënter dräi Méint iwwert dat Land dohischwappt, net géifen erliewen.

De President huet ganz kloer gemaach, datt hien och un dat Land Lëtzebuerg gleef an op Lëtzebuerg zielt. An ech sinn och iwwerzeegt, datt seng Erwaardungen net wäerten enttäuscht ginn.

Ech wëll och hei am Numm vun der Demokratescher Partei dem Här Selenskyj an dem ganzen ukrainesche Vollek eis voll Ënnerstëtzung aussprieche. Méi wéi jee wäerte mir och op der Säit vun deem Land sinn. Et ass en inakzeptabele Krich!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi russesch Invasioun op d'Ukrain wäert ouni Zweifel fir déi nächst Joren, jo, ech géif scho bal soe Joerzëngen, eng immens Inzidenz hunn. Dat lescht Vertrauen ass verspillt, ganz kloer. Ech mengen, den Här Putin wäert ni méi – ni méi! – eng Kéier kënne vertrauensvoll ugesi ginn. Mir mussen duerfir an Zukunft méi wéi jee ganz haart vis-à-vis vu Russland bleiwen!

Déi Atrocitéiten, déi vun der russescher Arméi an deene leschte Woche begaange gi sinn, sief dat zu Mariupol, sief dat zu Butscha, sinn erschreckend. De President Selenskyj huet virun allem och op d'international Hëllef higewisen. Déi international Hëllef ass méi wéi jee wichteg. Och do muss déi international Communautéit zesummestoen, an et gi ganz gutt Beispiller.

D'USA hu bis elo eng ronn 33 Milliarden Euro an dee Krich hei investéiert, an dat ass och ganz gutt esou, well de Weltfridde steet um Spill. Dat dierf een hei net vergiessen. Et ass net nëmmen en innereuropäesche Problem, et ass entre-temps e globale Problem ginn.

An ech mengen, och dee leschte Pazifist misst awer elo erkennen, wéi wichteg et ass, datt mer eng NATO hunn, an datt mer eng ganz staark NATO brauchen. An dowéinst ass et ëmsou méi ze begrëssen, datt elo Länner wéi Schweden, déi 200 Joer laang neutral waren, souwéi och Finnland sech a ganz kuerzer Zäit decidéiert hunn, där internationaler Verdeedegungsstruktur bäizetrieden.

Et ass just méi wéi traureg, wann elo vusäit vun der Tierkei hei ugefaange gëtt, Chantage ze maachen, datt elo op eemol Ausliwwerunge vu Leit aus Schweden verlaangt ginn. Ech mengen, eng 30 Nimm stinn op där Lëscht. Dat kann d'international Communautéit esou net akzeptéieren an et muss een dem Här Erdoğan ganz kloer soen, datt e muss oppassen, wéi wäit en awer och hei seng Iwwerzeegunge wëllt no bausse spille loosson!

Et ass also méi wéi ze begrëssen, datt Länner wéi Schweden a Finnland bereet sinn, och der NATO bäizetrieden, an ech mengen, Finnland huet ouni Zweifel nach den Trauma vum Wanterkrich vun 1939/1940 net vergiess, an dat wäert eng Ursoach méi sinn, firwat se der NATO bäitrieden.

Ech wëll awer och hei ganz kloer soen: Et gëtt nach Länner an der Europäescher Unioun, déi neutral sinn! Dat ass hiert gutt Recht. An awer solle se sech vläicht zu deem Zäitpunkt d'Fro stellen, ob net och hei misst e Mentalitéitswessel kommen. Ech denken un Éisträich, ech denken un Irland. Sécher, et ass eng Decisioun, déi souverän ass vun deene Länner. Mee grad elo, wou Souveränitéit iwwert d'europäesch Grenze gefrot ass, wier dat vläicht awer och kee schlecht Beispill.

Schlecht ass et awer ouni Zweifel, wann dann een Här Putin higeeet an och nach Menacen aussprécht, well eeben elo Länner sech derzou decidéiert hunn, an d'NATO anzetrieden. Ech mengen, grad den Här Putin soll roueg sinn. E soll virun allem mol kucken, wat fir eng Regimier an deene Länner sinn, an da géif e mat Sécherheet ganz aner Téin vu sech ginn!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Selenskyj huet natierlech ganz vill och hei op d'Hëllef gepocht, déi iwwert d'militäresch Hëllef eraus muss gemaach ginn. An och dat ass eng Selbstverständlechkeet. Ech mengen, grad mir als Lëtzebuerger Land sti gutt do. De Premier huet a senger iwwerregens exzellerter Ried de Moien hei ganz gutt ënnerstrach, datt dat, wat Lëtzebuerg par rapport zu anere Länner an eise Méiglechkeete leescht, och richtig ass. An ech géif och soen, datt dat vu kengem heibannen an och dobausse wäert a Fro gestallt ginn.

Natierlech, wa mer iwwer Hëllef schwätzen, da komme mer net derlaanscht, och iwwert déi Embargoaktiounen ze diskutéieren. D'EU huet elo no villen Diskussiounen e gewëssene Kompromëss fonnt, fir e sechste Sanktiounspak ze arrétéieren. Ech muss awer éierlech soen, datt ech erfieert war, a bestëmmt déi meescht heibannen och, wéi mer dann héieren hunn, datt elo ee Land, dat ech dann och net mam Numm nennen, just well de Patriarch Kyrill do géif op der Lëscht stoen, géif envisagéiere fir ze blockéieren. Dat géif ech méi wéi skandaléis fannen!

Här Premier, maacht alles, net nëmmen Dir, mee all d'Staatscheffen an d'Regierungschefte vun der Europäescher Unioun! Dat kann net de Fall sinn! Wann dat d'Ursoach wier, datt de sechste Sanktiounspak net kéint a Kraaft trieden, da mussen awer wierklech aner

Diskussiounen ëm d'Zukunft vun deem Land an der Europäescher Unioun gefouert ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gusty Graas (DP)** | Natierlech, wa mer bei den Embargosanktiounen si respektiv och bei de Liwwerungen, déi aus Russland kommen, wat Gas a Pétrol ubelaangt, muss ee sech natierlech och d'Fro stellen, wéi wäit mer doranner ginn. A mer mussen eis och selwer bewosst sinn, datt dat natierlech och eis zu Lëtzebuerg wäert wéiden, wa mer den Embargo weiderhi wëllen héichhalen. Mee mir mussen en héichhalen. Et muss ee wierklech d'Fro stellen: Wat priméiert hei? Priméiert eise Confort oder priméiert de Weltfridde? An déi Fro misst awer da ganz séier beäntwert sinn.

Den Här Selenskyj huet dann natierlech och e kloeren Opruff gemaach, fir datt d'Ukrain kéint esou séier wéi méiglech an d'Europäesch Unioun kommen. Jo, mir als Demokratesch Partei ënnerstëtzen déi Fuerderung. Selbstverständlech soll een do eng kloer Positioun huelen. Et soll een och eng rasonabel Positioun huelen. Natierlech muss och esou e Land d'Kopenhage-Krittäre respektéieren, mee mir sollen awer all d'Moosnamen an d'Weeër leeden, fir datt d'Ukrain kann esou séier wéi méiglech an d'Europäesch Unioun kommen. Virun allem solle mer hinnen eng Perspektiv ginn.

Déi Aussoen, déi de Premier Xavier Bettel hei gemaach huet, déi si rassurant an déi kann een nëmmen ënnerstëtzen. An ech hoffen, datt déi och um europäesche Plang vun all deenen anere Regierungs- a Staatscheffe gedeelt ginn. Da sinn ech och iwwerzeegt, datt dat Land wierklech eng Perspektiv fir d'Zukunft wäert hunn, fir dann eng Kéier Member bei eis ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, natierlech muss mer eis zu deem Zäitpunkt och d'Fro stellen: Wéi soll an Zukunft eisen Émgang mat Russland sinn? An et muss ee sech och hannerfroen. War eisen Émgang mat Russland an deene leschte Joren dee richtegen? An och do soll ee selbstkritesch sinn. Do kann een awer behaupten, datt mer vläicht munchmol dach ze vill „blauäugeg“ waren an datt mer vläicht an Zukunft och vis-à-vis vun anere Regimier méi vigilant sollte sinn.

Dese Krich wäert eis ouni Zweifel nach laang beschäftegen. An ech fannen et duerfir och gutt a richtig, datt mir als Lëtzebuerger Chamber och mat hei implizéiert ginn. Mir sinn zwar net där ganz grousser eng, mee eis Influenz ass och net ze ënnerschätzen. Dowéinst war dat de Moien e ganz wichtige Moment. Et war e Moment vu Solidaritéit. Et war awer och e Moment, wou mir als Lëtzebuerg konnte beweisen, wéi eescht mer déi Kris hei huelen an datt mir och mat all deene Moyenen, déi eis zur Verfügung stinn, versichen, hei e wichtige Beitrag ze leeschten.

Och mer de Moien ass e ganz wichtige Rendez-vous: Déi delegéiert Vizeausseministes ass jo dann och nach hei zu Lëtzebuerg.

Haut op den Dag sinn et bal 75 Joer hier, datt de Marshall-Plang arrétéiert gouf. Ech mengen, et brauch een net méi an den Detail vum Marshall-Plang ze goen, mee et muss ee sech awer d'Fro stellen: Si mer net um Punkt ukomm, wou d'international Communautéit muss en neie Marshall-Plang opstellen? An zwar, fir engem Land ze hëllef, wann dee Konflikt hei eriwier ass, an dat ass ganz kloer d'Ukrain.

Mir sollen eis duerfir ausschwätzen. Mir sollen eis elo scho Gedanke maachen – wou och schon éischt Iwwerleeungen gemaach ginn –, wéi mer esou e Fong kënnen opstellen, fir datt dat Land och eng Perspektiv huet. An dat huet de President jo och kloer gesot.

En huet eis eng Rei Zuele geliwwert, déi schockant sinn, déi eis immens wéi dinn. Wann ee bedenkt, datt 20 % vun deem Territoire elo schonn a russescher Hand sinn, wann ee bedenkt, wivill Zivillaffer dee Krich bis elo gefuerdert huet, a virun allem awer och, wivill wichteg Infrastrukturen zerstéiert goufen, da kann ee sech virstellen, a wat fir engem Zoustand dat Land ass! An et kann ee sech virstellen, datt et enorm wichteg ass, datt sech grad elo musse Gedanke gemaach ginn, wéi mer deem Land Hëllef kënne. An duerfir brauche mer ouni Zweifel och fir d'Zukunft elo schonn Iddien, wéi esou e Marshall-Plang kéint ausgesinn.

Ech wëll zum Schluss dann och e Message opgräifen, deen de Premier hei ginn huet un den Här Selenskyj, datt en och soll de Kontakt siche mat afrikaneschen a mat südamerikaneschen Länner. Jo, Dir hutt eng richtig Analys gemaach, well dat hei, wéi gesot, nach eng Kéier, ass net nëmmen e reng europäesche Problem. Et ass e globale Problem an e soll global diskutéiert ginn. Dowéinst ass Är Fuerderung, déi Dir hei gestallt hutt, Är Iddi, ouni Zweifel ënnerstëtzenswäert.

An deem Sënn soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Graas. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Merci, Här President. Déi onverzeilech, rücksichtslos, jo, barbaresch Attack op d'Ukrain léisst eis net kal hei am Parlament, kee vun eis! An dowéinst hu mer och schonn e puer Debatten doriwwer an der Lescht gefouert.

Et ass mer wichteg, dat ze ënnersträichen, well mir kënne mol op deem engen oder anere Punkt liicht anerer Meenung sinn. Wou mer eis awer allegueren eens sinn, dat ass, dass dee russeschen Ugrëff op d'Ukrain absolutt ze verurteilen ass an dass dës e Broch vun internationalem Recht ass, deen duerch näischt, absolutt näischt ze rechtfertigen ass!

Vergiesen däerfe mer an deem Kader och net, dass dee Konflikt ewell 2014 mat der illegaler Annexioun vun der Krim ugefaangen huet. Et ass dat Eent, Zeitungsartikelen ze liesen oder Téleesreportagen ze kucken, et ass awer eppes ganz aneres, Temoignagen ze héiere wéi elo grad, aus éischter Hand, eng schounungslos Beschreiwung vun der schrecklecher Situatioun a vum ville Leed, dat iwwert déi ukrainesch Populatioun komm ass.

Wat den Här Selenskyj elo grad hei an der Chamber gesot huet, soll a mécht eis alleguerte besuergt. All Dag stierwen onschëlleg Leit duerch e Krich, ausgeléist vun engem Mann, dee ganz Europa a Schrecke versat huet, engem Mann, deen e Land attackéiert huet, ouni ersiichtleche Grond, an dee säin eegent Land a ganz schwéier wirtschaftlech a politesch Zäiten histeiert.

Ech hunn et op deser Plaz déi leschte Kéier schonns gesot: Dese Krich ass am Kapp vun engem Despot entstanen, dem Här Wladimir Putin! An duerfir ass net déi russesch Populatioun eise Feind, mee mir stellen eis géint dee Regimm, géint d'Féierung vu Russland.

Et ass dem, jo, heroesche Courage vum ukrainesche Vollek an der Solidaritéit vun Europa a sengen Alliéierten ze verdanken, dass de russesche President d'Ziler, déi hie sech virum Amarsch an d'Ukrain gesat hat, elo schonns net méi realiséiere kann. Aus der séierer Kapitulation vu Kiew ass näischt ginn. De Krich dauert schonns vill méi laang, wéi de Kreml sech dat eigentlech virgestallt hat. D'NATO gëtt duerch de Bäitritt vu Schweden a Finnland méi staark wéi virun.

A mat Finnland kritt Russland elo souguer en direkten NATO-Noper op seng eege Grenz, eppes, wat de Putin net nëmmen net wollt, mee mat deem hien och net gerechent hat.

De russesche President huet sech verkalkuléiert, wéi hie gemengt huet, d'Europäesch Unioun wär schwach an zerstridden. Nee, nach ni war d'Europäesch Unioun esou géent. D'Ënnerstëtzung fir d'Ukrain ass massiv a sicht hiresgläichen an der europäescher Geschicht!

An der Nuecht vum leschte Méinden op en Dönschen ass elo schonns dee sechste Sanktiounspak géint Russland decidéiert ginn. Klammer op: Jo, hei gëtt net zu Onrecht vu Verschiedene kritiséiert, dass dee Sanktiounspak, zemoos wat den Energieimport ugeet, vläicht net wäit genuch geet. Et ass awer ze ënnersträichen, dass et en Accord gouf tëschent de 27 EU-Memberstaaten, an dat ass luewenswäert!

Wéi esou dacks bei engem Kompromëss steet jiddwereen ëmmer virun der berühmter Fro, ob e wëllt dat hallef vollt Glas gesinn oder just dat hallef eidelt.

A schlussendlech ass och Russland duerch dese Krich net méi räich ginn, mee ass amgaangen, sech an eng katastrophal wirtschaftlech Situatioun ze manövréieren, a steet politesch och zimmlech isoléiert do.

Dir Dammen an Hären, Lëtzebuerg verurteelt dese Krich op dat Schäerfst, a mir soen dat hei ganz kloer! Mir wäerten der Ukrain, den Ukrainerinnen an Ukrainer, Hëllef, esou gutt mer dat kënne. A mir wëlle verhënneren, zesumme mat eisen Alliierten, dass Russland dese Krich gewënnt.

Ech erënneren un eis Rieden hei vu virun dräi Wochen. Do ware mer eis zu enger ganzer Partie eens, dass am anere Fall ze fäerten ass, dass den Här Putin sech net wäert zefridde gi mat der Ukrain. Mir Lëtzeburger stinn hannert der Ukrain, hannert der ukrainescher Populatioun, déi onnëtz an onmoosseg Leed muss iwwer sech ergoe loosse. Et ginn den Ament vill Parallele gezu mam Zweete Weltkrich. Dat erkläert och, firwat mir Lëtzeburger esou staark matfillen an deem Konflikt.

Duerfir ass Lëtzebuerg an deem Konflikt weeder neutral nach passiv. An dat hu mer vun Ufank u bewisen. Eis Hëllef fir d'Ukrain ass humanitärer, finanzieller, wirtschaftlecher, militärescher a politescher Natur.

Esou hu mir eng ronn 155 Milliounen Euro fir den Accueil vu Refugiéen, fir humanitär a militäresch Hëllef ausginn. Op 50 Milliounen Euro beleeft sech eis finanziell Hëllef fir dat militärescht Material, dat mer an d'Ukrain geschéckt hunn. Dat sinn, wann ech mech net ieren, bal 10 % vun eisem Defensebudget.

Wat déi finanziell Mesuren ugeet, esou huet Lëtzebuerg méi wéi 2,5 Milliarde russesch Gelder zu Lëtzebuerg agefruer. An och politesch ass Lëtzebuerg aktiv: Mir hu vun Ufank u kloer Kant gewisen an de Krich verurteelt an all Sanktiounen, déi géint Russland geholl gi sinn, ouni ze zécke matgedroen an ëmgasat. An ech kann Iech haut schonns soen, dass ech sécher sinn, dass Lëtzebuerg och wäert hëllefen, d'Ukrain nees opzebauen, wann dese Krich dann endlech an hoffentlech esou séier wéi méiglech eriwuer ass.

Den Ausdrock vu Solidaritéit mat der Ukrain ass gedroe vun enger ganzer Lëtzeburger Populatioun. An des Solidaritéit gesäit een am beschten, wann et ëm den Accueil vun ukrainesche Flüchtlinge geet an ëm déi sëllege Spendenaktiounen, déi zanter Méint zu Lëtzebuerg lafen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass elo net den Ament, fir eng Analys ze maachen a fir ze kucken, wat mer alles an der Vergaangenheet falsch gemaach

hunn am Ëmgang mat Russland. Mee dee Moment wäert awer kommen, a mir sollen, nee, mir mussen eis kritesch domadder ausernanersetzen, wéi mer an deene leschte Joren, jo, souguer Joerzénge mat Russland verhandelt hunn. Ech mengen, mech net ze wäit aus der Fënster ze leeën, wann ech soen, dass mer dat mussen änneren.

D'Aféiere vun neie Standarden, wéi mer mat wéi enge Länner Geschäfte maachen, an awer och am Allgemengen eng méi eethesch orientéiert Approche mussen an Zukunft eis Handelspolitik bestëmmen.

Ech hunn elo laang a breet erkläert, wat Lëtzebuerg schonns alles gemaach huet. Haut kann ech der Chamber eng Motioun presentéieren, wou ech frou sinn, dass se vun enger breeder Majoritéit hei matgedroe gëtt.

### **Motion 1**

*– Considérant que la guerre d'agression de la Russie contre l'Ukraine continue de faire des victimes innocentes et que les atrocités perpétrées par les troupes russes ont franchi un cap avec la découverte de corps de civils, hommes et femmes, allongés dans les rues de Boutcha ainsi que de plusieurs charniers ;*

*– considérant que l'armée russe poursuit les bombardements indiscriminés et les attaques aériennes contre des zones résidentielles et des infrastructures civiles telles que les hôpitaux, les écoles et les crèches, ce qui a conduit à la destruction complète ou quasi complète de Marioupol, de Volnovakha et d'autres villes et villages ;*

*– considérant les différentes décisions prises par le Conseil de l'Union européenne concernant des sanctions et des mesures restrictives à l'égard de la Russie ;*

*– considérant que les sanctions adoptées à ce jour ont un effet non négligeable, mais que les achats de combustibles fossiles de l'Union européenne (UE) en Russie continuent de fournir au régime des moyens qui contribuent au financement de la guerre ;*

*– considérant l'adoption par le Parlement européen de la résolution concernant l'évolution de la guerre en Ukraine et les sanctions de l'UE contre la Russie le 7 avril 2022, résolution reprise en partie par la présente motion ;*

*– rappelant l'adoption unanime de la motion du 24 février 2022 par la Chambre des Députés et la condamnation de l'attaque non provoquée et injustifiée de l'Ukraine par la Fédération de Russie,*

*la Chambre des Députés*

*– condamne avec la plus grande fermeté la guerre d'agression menée par la Fédération de Russie contre l'Ukraine, ainsi que la complicité de la Biélorussie dans cette guerre, et exige que la Russie mette un terme immédiat à toutes ses activités militaires en Ukraine et retire sans condition l'intégralité de ses forces et équipements militaires de la totalité du territoire ukrainien internationalement reconnu ;*

*– partage la douleur de la population ukrainienne qui subit des pertes et des souffrances indicibles ;*

*– souligne que cette agression militaire et cette invasion constituent une violation grave du droit international, en particulier de la convention de Genève et de ses protocoles additionnels et de la Charte des Nations Unies ;*

*– exprime la colère et l'indignation que lui inspirent les atrocités dont il est fait état, y compris le viol et l'exécution de civils, les déplacements forcés, le pillage et le ciblage d'infrastructures civiles, telles que les hôpitaux, les installations médicales, les écoles, les abris et les ambulances, et les tirs visant les civils qui tentent de fuir les zones de conflit en empruntant les couloirs humanitaires définis d'un commun accord, et qui ont été commises par les forces armées russes dans un certain nombre de villes ukrainiennes occupées, dont Boutcha ;*



– rappelle avec insistance que les auteurs de crimes de guerre et d'autres violations graves du droit international ainsi que les représentants gouvernementaux et les chefs militaires responsables devront répondre de leurs actes ;

– rappelle qu'en cas de crimes de guerre et de génocide, la communauté internationale est tenue d'agir et devrait utiliser tous les instruments à sa disposition ;

– soutient pleinement l'enquête lancée par le procureur de la Cour pénale internationale sur les crimes de guerre et les crimes contre l'humanité, ainsi que les travaux de la commission d'enquête du Haut-Commissariat des Nations Unies aux droits de l'homme et ceux de la mission d'experts indépendants qui enquête dans le contexte du « mécanisme de Moscou » déclenchée par l'OSCE ;

– salue les envois de matériel militaire luxembourgeois pour les forces armées ukrainiennes ;

– salue l'aide humanitaire du Luxembourg en soutien à la population civile ;

– salue les efforts du Gouvernement pour l'accueil de la population ayant fui l'Ukraine depuis l'invasion russe ;

– soutient le Gouvernement dans ses efforts pour accueillir et intégrer dans notre société un grand nombre de personnes ayant dû fuir la guerre en Ukraine,

invite le Gouvernement

– à poursuivre et à soutenir les livraisons d'armes pour permettre à l'Ukraine de se défendre efficacement ;

– à demander la mise en place de couloirs humanitaires et de passages sûrs pour évacuer les civils qui fuient les bombardements ainsi qu'à soutenir les renforcements des réseaux d'aide humanitaire de l'Union européenne en Ukraine ;

– à soutenir, suite à la volonté exprimée par l'Ukraine dans sa demande d'adhésion à l'UE présentée le 28 février 2022, et lorsque l'avis de la Commission européenne aura été reçu, l'envoi d'un signal uni par les institutions de l'UE à l'Ukraine sur son aspiration européenne, sur la base de ses mérites, et, dans l'intervalle, de continuer à œuvrer à son intégration dans le marché unique de l'Union, conformément à l'accord d'association ;

– à soutenir également les aspirations européennes de la Moldavie et de la Géorgie ;

– à veiller à ce que la mise en œuvre des sanctions existantes soit intégrale et effective au Luxembourg ;

– à soutenir toute demande permettant d'accroître l'efficacité des sanctions existantes et de continuer de contribuer activement au sein du Conseil de l'Union européenne à l'élaboration de mesures effectives supplémentaires ;

– à demander à la Commission européenne de continuer à travailler pour garantir la sécurité de l'approvisionnement énergétique de l'UE indépendant des importations russes ;

– à œuvrer au sein de l'Union européenne, en concertation avec nos partenaires, pour une prompte et complète indépendance vis-à-vis de toutes formes d'importations énergétiques russes ;

– à continuer à diversifier les ressources, les technologies et les voies d'approvisionnement énergétiques, mais également à investir encore davantage dans l'efficacité énergétique, les énergies renouvelables, les solutions de stockage de gaz et de l'électricité et à effectuer des investissements durables à long terme conformément au pacte vert pour l'Europe ;

– à apporter son soutien à tous les processus internationaux et nationaux légitimes d'enquête sur les crimes contre l'humanité et les crimes de guerre présumés commis en Ukraine, afin que tous les auteurs et complices répondent de leurs actes devant les tribunaux ;

– à poursuivre ses efforts en matière d'accueil et d'intégration des personnes ayant fui la guerre en Ukraine, notamment via l'accès rapide et facile au marché de l'emploi ou encore via la scolarisation des enfants et des jeunes.

(s.) Yves Cruchten, Gilles Baum, Sven Clement, Stéphanie Empain, Claude Wiseler.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ech géif gäre virop dem Här Wiseler Merci soe fir d'Viraarbecht un dësem Text. Dësen Text baséiert zum groussen Deel op enger Propos, op där mer eis am Fong eens waren, mee wou mer eis net am allerleschten Detail eens goufen. Um Enn zielt awer, dass mer eng breet Ennerstëtzung fanne fir en Text, hannert deem mer alleguerten zesumme kënnen stoen.

An Tëschenzäit huet sech erëm viles gedoen, an duerfir ass den Text och adaptéiert ginn. Ech mengen, dass grad haut e gudder Moment ass, fir dës Motioun ofzestëmme, och als staarkt Signal vu Solidaritéit vis-à-vis vun der Ukrain an hirem President, dee mer virdu gelauschtert hunn.

An dëser Motioun invitéiere mir d'Regierung ënner anerem, der Ukrain hir Demande fir en EU-Bäitritt ze ënnerstëtzen. Och solle mer ouni Verzögerung Europa komplett onofhängeg maache vun alle russeschen Energieimporter an derfir suergen, dass all d'Sanktiounen effikass ëmgesat ginn a souguer erweidert ginn, zu Lëtzebuerg an an Europa. International oder national Enquête wéinst Krichsverbriechen a Verbrieche géint d'Mënschlechkeet sollen ënnerstëtzt ginn, fir dass och all Verbriecher hei zur Rechenschaft ka gezu ginn.

Mat dëser Motioun fuerdere mer och, dass d'Ukrain weiderhin ënnerstëtzt gëtt, esou gutt, wéi mer dat nëmme kënnen, och duerch Waffeliwwerungen.

Mat dëser Motioun maache mer kloer: Lëtzebuerg steet zesumme mat der Ukrain. A fir dass dat och vläicht an der Ukrain verstane gëtt, probéieren ech dat op Ukrainesch: „Luxemburg z Ukrainoyu.“

(Applaudissements aux tribunes)

Mir wënschen eis esou séier wéi méiglech Friden a ginn d'Hoffnung och net op, datt et nawell eng Kéier méiglech gëtt, op diplomateschem Wee e Waffestëllstand ze erreechen. All Initiativen, déi derzou féiere kënnen, datt net méi geschoss gëtt, verdéngen eis Ennerstëtzung.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Leit, déi eis nolauschteren a besonnesch och Dir, léif Ukrainer, déi Dir eis haut nogelauschtert hutt an och zalreich virun der Chamber stoungt, fir Ärem President seng Usprooch hei am Haus matzeerliewen.

Et ass effektiv relativ schwiereg, an esou engem Moment, no esou enger Ried, déi richteg Wieder ze fannen. De President Selenskyj huet wéi esou oft staark Wieder fonnt, fir un eis Solidaritéit ze appelléieren. E President, dee sech duerch seng virbildlech Haltung an duerch säi Courage e ganz grousser Réckhalt a senger Bevëlkerung verdéngt huet an deen et och fäerdegbruecht huet, sengem Land duerch seng Stëmm um internationale Plang eng enorm grouss Solidaritéit ze sécheren.

An ech mengen, ganz am Esprit vun dësem Dag géif ech gäre vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir Iech e puer weider Stëmmen vun Ukrainer, déi bei eis am Land sinn, erëmzeginn:

„I want to say thank you for the support provided by the state, for the funds, for the helping hand, for the understanding of the situation and for helping to accelerate our victory in this terrible unjust war. Thank you for weapons without which our Ukrainian military would not be able to face Russia.

Against Russia, you can only win by force, on the battlefield. The Russian military is destroying our nation, our language, our cities, our people. If we now give Russia what they want, in ten years they will be back for more and start again.

Ukraine can bring this war to an end fast, our whole nation is functioning, we are strong in spirit and strong-willed. But for that to be possible, we need more weapons and your help.

We want compensation from Russia for every destroyed house, every destroyed hospital, kindergarden, school, for every child and woman killed. We call all those that are involved in these unjust actions to be held accountable.

And yes, Ukraine is ready to join the European Union. I believe that we are a European nation, we have already launched so many processes in the economic sphere, political reforms will take place quickly. We are fighting corruption.

Ukrainians are a strong good nation and we look forward and want to change our lives only for the better!“

An zu Iech all, léif Matbierger aus der Ukrain, déi eis haut nolauschteren, wëll ech soen: Mir héieren Iech a mat Iech zesummen hoffe mir, dass dës Krich esou séier wéi méiglech eriwwe ass. Mir deelen Äert Leed a mir hunn déiwe Respekt virun Ärer Resilienz, virun Ärem Wëllen, fir fir Är Fräiheet an demokratesch Wäerter ze kämpfen!

Mir bewonneren och Äre Courage, fir an dësen Zäiten, do wou et méiglech ass, de System an Ärem Land um Liewen ze halen, ob dat an der Landwirtschaft ass, wou déi Maschinnen, déi nach funktionéieren, solidaresch gedeelt ginn a wou Felder, déi net verminnt sinn, zesumme bewirtschaft ginn, oder an der Educatioun, wou vun der Primärschoul bis zur Universitéit Är Coursen online a Krichszäit weidergefouert ginn, well et Iech wichteg ass, dass déi Jonk, Är zukünfteg Generatiounen, keng wäertvoll Zäit verléieren.

Mir verstinn och Är Situatioun hei am Land, wou Dir quasi an zwou verschidde Welt leeft: Mam Häerz an der Heemecht a bei de ville Bekannten, Partner, Elteren, a Gedanke bei all deenen, déi momentan duerch d'Hell ginn, fir hiert Land ze verteidegen, a physesche hei am beschauleche Lëtzebuerg, wou de Krich wäit ewech ass a wou een esou vill Positives erlieft, wat awer alles och am ganz krasse Géigesaz zu Äre Suerge steet.

Mir verstinn och Är Angscht, dass dës Krich no e puer Méint zur Normalitéit gëtt a mer eis hei lues a lues un dee Krichszoustand gewinne kéinten, Är Suergen iwwer all déi Mënschen, dorënner vill Kanner, déi carrement a Russland deportéiert ginn, e russesche Pass opgezongwe kréien, gezwonge ginn, russesch Lidder ze sangen. Eleng de Gedanken iwwert déi Hëlleflosigkeit vun deene Kanner, déi bewosst entwuerzelt ginn, ass kaum ze erdroen an zeugt vun enger enormer Onmënschlechkeet.

Mir deelen Är Frustratioun iwwert d'Tatsaach, dass souguer Är eege Verwandten, déi a Russland liewen,

Iech net gleewen, dass Är Stied sennlos zerstéiert ginn, dass Russland kee bei Iech rette kënt an keen Territoire liberéiert, mee au contraire, dass Är Dierfer a Stied bis op de leschte Steen zerstéiert ginn.

An duerfir ass eise Message haut un Iech, un déi ukrainesch Communautéit hei am Land, ganz kloer: Mir gleewen un Iech an un Är Gesellschaft, déi dee politesche Wandel net nëmme wëllt, mee sech och aktiv derfir asetzt. Mir gleewen drun, dass Dir alles wäert drusetzen, fir dass dee Wandel, deen och néideg ass, fir e Member an eiser europäescher Communautéit ze ginn, wäert schnell weidergedriwwen ginn. Dëse Krich an Är Reaktioun dorop weist eis, wéi staark Dir als Gesellschaft zesummenhaalt a wéi vill Dir gewëllt sidd ze schaffen, fir dass Dir zügeg des Ziler kënt erreechen.

Dir hutt mir méi wéi eng Kéier ze verstoe ginn, dass Dir déi Zäit, déi Dir elo bei eis verbréngt, och derfir wëllt notzen, fir esou vill Erkenntnisser wéi nëmme méiglech herno erëm mat heem ze huelen. Dir gesitt, wéi Demokratie hei am Alldag gelieft gëtt, wéi mir de Rechtsstaat am Alldag liewen. Dir hutt all Bekanntschaft mat eisen Administratiounen gemaach an och mat den Efforten, déi mir gemaach hunn, fir bürokratesch Demarchen esou einfach wéi méiglech ze halen.

Dir erlieft, wéi mer awer och struwelen, fir déi Energietransitioun hinzekréien, wéi mer hin zu enger Économie circulaire wëlle kommen a wéi vill Wäert mer drop leeën, fir fir gläich Rechter fir jiddereen a jiddereent ze suergen.

A jo, Dir huelt vill Andréck an och esou munch Gedankenstéiss hei op. Mee och mir als Gesellschaft léiere ganz vill vun Iech. Äre Wëllen, Iech schnell hei ze integréieren, den Echange aktiv ze sichen, huet ganz schnell derzou gefouert, dass innerhalb vu just e puer Méint enk Liene mat villen Awunner vun eis am Land entstane sinn. Dëst wier net méiglech gewiescht ouni grouss Efforten op béide Säiten.

Äre Wëllen, Iech hei ze integréieren, ass op ganz fruchtbare Buedem gestouss, grad och well eis Zivilgesellschaft, vill Organisatiounen a vill Bierger a Biergerinne vill Engagement un den Dag geluecht hunn, fir Leit opzehuelen, d'Kanner am Schoulsystem an an de Veräiner ze integréieren an eisen Aarbechtsmarché onkomplizéiert a schnell opzemaachen. An Iech alleguerte gëllt dofir och e ganz grouss Merci!

Et sinn entre-temps Frëndschaften a Verbindungen entstanen, déi sécher iwwer ganz laang Jore wäerte Bestand hunn. An ënner anerem dofir soe mir haut ganz kloer, dass mir eis fir eng Bäitrettsperspektiv fir d'Ukrain an d'EU ausschwätzen, genesou wéi mer eis och derfir ausschwätzen, Moldawien oder Georgien an och d'Balkanstaaten an hiren Demarchen ze ënnerstëtzen.

A genesou sti mir och voll a ganz hannert der Motioun, déi elo grad vum Här Cruchten deposéiert ginn ass. Mir wëllen Iech weiderhi mat Waffeliwwerungen ënnerstëtzen, fir dass Dir de russescher Aggressioun net machtlos géigeniwwertritt a fir dass Dir dëse Krich gewanne kënt.

Genesou wëlle mir weiderhin all Demarche ënnerstëtzen, déi et erlaabt, zousätzlech effikass Mesuren a Sanktiounen ze ergräifen. Mir wäerten eis derfir asetzen, dass déi Verantwortlech vun dësem Krich a vun de sëllege Verbrieche géint d'Mënschlechkeet zur Rechenschaft gezu ginn. An natierlech begreisse mer och, dass e sechste Paquet u Sanktiounen mat engem wäitreechenden Embargo op russesche Pétrolsimporte konnt zustane kommen.

Mir sinn eis awer bewusst, dass d'EU haut net méi esou géeeent dosteet, wéi dat nach virun e puer

Wochen de Fall war. Grad wann et ëm de Gas geet, huet d'EU sech an eng Sakgaass manövriert, aus där se net esou schnell erauskënnt, wéi mir eis dat hei géife wënschen. Dobäi ass et wichteg, dass d'EU weiderhin alles drusetzt, fir mat vereenter Stëmm ze schwätzen. Mir dierfen eis net ausernanderdreie loosse, och wann elo um leschte Sommet erëm relativ däitlech ginn ass, dass dat mat engem Land wéi Ungarn grad méi wéi schwiereng ass.

Während dat russescht Militär an der Ukrain grad e Laf huet an Erfolleger um Terrain verzeche kann, versicht sech Ungarn an Erpressung a wennt sech erëm vum solidareschen Handeln of a spilt domadder dem Putin riicht an d'Kaarten. Dat ass net just iergerlech, mee dat ass och immens geféierlech, well mat deem Geschéck kann d'EU net de beschtméigleche Bäitrag leeschten, fir de russeschen Imperialismus, wéi e grad un den Dag geluecht gëtt, mat ofzewenden.

Wat awer nach wie vor nach ëmmer kloer ass: Mir musse kollektiv eis Ustrengunge weiderhin intensivéieren, fir onofhängeg vun all Zort vu russeschen Energieimporte ze ginn! Dozou gehéiert nieft der Diversifizéierung eeben och, dass mer méi wéi jee gefuerdert sinn, an d'Energieeffizienz an an erneierbar Energien ze investéieren. A mir wëssen, dass dat net zum Nulltariff kënt. Dëse Krich treëft och eis, eis Liwwerketten, eis Wirtschaft haart!

A jo, mir lafe reell Gefor, dass vill Leit, déi gëschter scho knapp d'Enner beieneekruten, haut an der Situatioun sinn, dass um Enn vum Gehalt nach vill ze vill Mount iwwreg ass. An dofir ass et wichteg, dass mir weiderhin eis Ustrengungen drop fokusséieren, grad deene Vulnerabelsten an eiser Gesellschaft ënnert d'Ärm ze gräifen, well et geet ëm näischt manner wéi eise gesellschaftlechen Zesummenhalt. An deen ass onabdingbar, och am Hibleck op eis Capacitéit als Gesellschaft, fir eis weiderhi solidaresch mat de Mënschen an der Ukrain ze weisen an hinnen op all Niveau zur Säit ze stoen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Madamm Empain. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser (ADR) |** Här President, chers représentants du corps diplomatique, chers amis ukrainiens, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ëmmer eng grouss Éier, wann en auslännesche Staatschef an engem nationale Parlament schwätzt. Dat haut war fir eis natierlech e ganz schéint Erlefnis, datt den ukrainesche President sech un eis Chamber an iwwer eis un dat ganz lëtzebuergesch Vollek adresséiert huet.

D'ADR géif sech wënschen, datt mir méi dacks géifen auslännesch Staatscheffen invitéieren, fir hei ze schwätzen. Bei enger Staatsvisitt zum Beispill kéint een dat jo mat aplangen, datt se hei kéinten d'Wuert huelen.

Mir konnte leider keen direkten Dialog mam Här President Selenskyj féieren a keng Froe stellen, mee bei anere Geleeënheete ka sech dat vläicht erginn.

Ech soen dem Här Cruchten Merci, well hie rappeliert huet, datt mer eis fundamental an engem Punkt heibannen eens sinn, nämlech datt mer net kënnen akzeptéieren, datt eng militäresch Aggressioun als e Mëttel vun der Politik ka gesi ginn. Mir haten dee Stadium nom Zweete Weltkrich, mengen ech, definitiv hannert eis gelooss, wou mer d'UNO gegrënnt hunn, mat alle wichtegen Alliéierte vum Zweete Weltkrich

mat derbäi, fir eeben déi militäresch Aggressioun net méi als Mëttel vun der Politik ze toleréieren. Mir hunn doduerch och zu Recht verurteelt, wat de 24. Februar 2022 an der Ukrain geschitt ass.

Mir sinn eis och eens, datt mer onbedéngt Solidaritéit an Hëllef musse weisen. Mir hunn als ADR, wéi Der wësst, nach hei virun zwou Woche fënnf Motiounen presentéiert, fir an deem Sënn ze wierken. A mir bleiwen och bei deene Saachen. Vill vun deene Saachen, déi an der Motioun stinn, déi den Här Cruchten haut deposéiert huet, kënnen mir och matdroen, net alles, awer ganz vill.

Solidaritéit an Hëllef mussen eist politescht Handele guidéieren. Mir wëllen awer d'Situatioun ouni all Demagogie analyséieren, mir mussen awer gesinn, wéi d'Situatioun an der Ukrain sech entwéckelt.

Den Här President Selenskyj huet e ganz schéine Gest fir eist Land gemaach. En huet gesot: „Mir wëlle bleiwe wat mir sinn!“ En huet dee Sproch opgeholl an och op d'Ukrain applizéiert. Jo, wat war d'Ukrain nach viru Kuerzem? E multieethnesche Staat, e multilinguale Staat, an deem vill verschidde Communautéiten konnten zesummeliwwen. An dat ass net gelongen, dat Experiment, aus ville Grënn.

D'Ukrain ass säit ville Joren en zerrappte Staat mat ville Konflikter, datt Sproochesetzer, déi Konflikter ervirgeruff hunn. Russesch zum Beispill ass och als Regionalsprooch verbuede ginn zu engem bestëmmte Punkt. Et gouf Massakere wéi Odessa, déi ni opgekläert goufen. Et war ganz vill Spannung an där Gesellschaft, ganz vill Konflikt.

Et ass also net esou, datt sech elo de 24. Februar aus heiterem Himmel e Problem verschäerft huet. Nee, mir wëssen alleguer, an deene leschte Jore ware scho ganz vill Tensiounen, ganz vill Problemer an deem Land. Vläch hu mer net fréi genuch gehollef, fir do mat unzepaken, fir dat kënnen ze evitéieren, wat elo geschitt ass.

Mir mussen einfach probéieren, mat der Ukrain konstruktiv zesummenzeschaffen. Den Här President Selenskyj huet a senger Ried och gesot, den Donbass wär e „fleuron industriel“ gewiescht, deen elo zerstéiert ginn ass. Dat ass absolutt richtig. Mee scho virdru war am Donbass eng grouss Suerg ëm d'ekonomesche Zukunft vun där Regioun. D'Associatiounsofkommes, dat déi Europäesch Unioun mat der Ukrain ofgeschloss huet, war komplett op Weststandard ausgeluecht an déi Leit am Donbass haten nach déi sowjetesch Standards, déi sowjetiséiert Industrie, eng grouss Interaktioun mat Russland. Déi hunn och schon hir ekonomesche Zukunft a Gefor gesinn. Et war destabiliséiert, dat Land. Et war eethnesch destabiliséiert, linguistesche destabiliséiert, ekonomesche destabiliséiert, an dat huet sech zougespëtt am Laf vun deene leschte Joren.

Et ass an et bleift onrealistesche, elo reng op Konflikt ze goen. Den Här President Selenskyj huet a senger Ried och haaptsächlech insistéiert, datt mer solle Sanktiounen a Waffeliwwerunge maachen. Dat ass eng Positioun, déi mer kennen.

D'CSV huet gesot: „Mir mussen de Krich gewannen!“ Mee wat heescht dat konkret? Wat soll dat heeschen an dëser Situatioun, datt d'Ukrain kéint e Krich géint Russland gewannen? Ech géif emol gär wëssen, wat een dorënner soll verstoen. Mir mussen eis bewusst sinn, wat d'Verlängerung vum Krich fir dat Land heescht, wat fir Drama dat sinn. All Dag stierwe geschat 50 Zivilisten a geschat 200 Militär, Ukrainer a Russen. An all Dag ginn der nach vill méi verletz a gefaangen. All Dag verloossen Honnerte vu Leit d'Ukrain, Milliounen an der Tëschenzäit.



All Dag gëtt déi ukrainesch Economie méi schwach, d'Zerstéierung wuessen. D'weltwäit Konsequenzen: D'Inflation ass eng Gefor fir vill Länner op der Welt an de Spektrum vu Problemer bei der Versuerung mat Liewensmëttelen a vun enger Hongersnout ass intolerabel.

Den Här Bettel huet a senger Interventioun gesot, mir missten eis Wäerter verdeedegen. Jo, dat mussen mer. Mir müssen eis Wäerter an eis Interessie verdeedegen an dëser Situatioun. A mir mussen wëssen – an den Här Bettel huet et och uklänge gelooss –, dat ganz vill Länner op der Welt eng aner Analys maache wéi mir hei.

Wann een an den internationale Fore kuckt, dann huet een am Abléck dat Gefill, dat déi europäesch Interpretatioun vun deem, wat an der Ukrain geschitt, marginaliséiert gëtt. Och do mussen mer also froen: Wien huet Recht? Oder si mir aleng richteg? Hu mir absolutt Recht mat deem, wat mir behaupten? Oder gesi mer awer verschidden Aspekter vun der Situatioun net ganz richteg?

D'ADR huet schohn de 17. Mee op dëser Plaz fir e Waffestëllstand a Friddensverhandlung plädéiert, a mir begreifen och d'Initiative vun der Lëtzeburger Friddensplattform an déi Richtung. Mir haten dat nach de 17. Mee gesot a mir goufe vill kritiséiert. Mir goufen heibanne vill kritiséiert dofir. Mee den 19. Mee huet den amerikanesche Chef d'état-major zu Moskau ugeruff an e Waffestëllstand proposéiert, well et eeben net gutt leeft an der Ukrain. Dat muss ee wëssen.

An zënterhier héiert een déi Iddi vum Waffestëllstand a vu Friddensverhandlung vu ville Säiten, och op héijem europäeschen Niveau gëtt dovunner geschwat. Et ass an eisen Aen den eenzege Wee, fir Mënscheliwwen ze schounen, den ukraineschen Territoire esou wäit wéi méiglech ze preservéieren an d'Eskalatiounsgefore vum Konflikt ze reduzéieren. Déi Virstellung, dat et der Ukrain kéint geléngen, Territoiren zrëckzeereweren, déi Russland elo besat huet, ass onrealistes.

Wat mir bei der ADR an dem Här Selenskyj senger Ried vermësst hunn, ass eng laangfristeg Perspektiv fir d'Ukrain. Wéi soll dat Land sech dann entwéckelen? Wéi soll et erëm ginn, wat et war, multiethnesch, fir a Fridde kënnen zesummenzeliewen?

Et muss ee kënnen eng institutionell Architektur fir dat Land entwéckelen, eppes, wou keng Communautéit, keng Sprooch sech diskriminéiert fillt, e Modell fir d'Ukrain vun der Zukunft. An et muss een – a loosst mech dat Wuert och hei benotzen – un eng national Reconciliatioun denken. Well et geet dach net duer, Sanktiounen ze maachen a Waffen ze liwweren an d'rop ze waarden, dat mer géint Russland gewonnen – wat eng komplett Illusioun ass –, wann een net seet: Wat stellen ech mer da vir fir d'Ukrain vu muer? Wéi wëll ech déi Communautéit erëm zesummefféieren? Wéi soll ech Fridde bréngen énnert de Leit a Wonnen heele loosse, déi gerappt goufen?

De Waffestëllstand ass den éischte Schrëtt, en absolutt noutwendige Schrëtt. An dofir versti mer och d'Attitud vun der Regierung net, déi jo haut och vun der CSV vertruede gouf esou am Genre: Stärkt an Eenheet weisen ass dat Eenzege, wat gëllt! Esou eng Krichsrhetorik, an nëmme Sanktiounen, keng Diplomatie, a mir sollen elo net op den Här Selenskyj awierken.

Nee. Mir maachen do eng ganz aner Demarche an eng aner Analys. De Waffestëllstand ass extreem wichteg. A mir müssen och kucken, dat mir decidéieren, wéi eng Politik mer maachen, well wa mer soen, dat mir keng Initiativen huelen an net intervenéieren zu Kiew an zu Moskau fir e Waffestëllstand, wat maache mer dann? Da sinn et aner, déi decidéieren, wéi laang mir Sanktiounen applizéieren, wéi laang solle Waffe geliwwert

ginn, wéi eist zukünftegt Verhältnis mat der Ukrain a mat Russland soll ausgesinn. Anerer decidéieren dann doriwwer an net méi mir. Dat ass dee falsche Wee!

Mir mussen kucken – a mir soen dat och als ADR ganz kloer, mir schommen eis och net dofir –, dat mer eis nëmme wëllen asetze fir d'Wuel vun de Leit an der Ukrain vun alle Communautéiten, vun alle Sproochen, mee mir wëllen eis och ëmmer virun Ae féieren, wat d'Konsequenze vu Sanktiounen op d'Leit hei am Land sinn. An dat ass net illegitim. Et ass eis éischt Aufgabe als gewielt Politiker, fir och un déi Leit hei am Land ze denken. Sanktiounen – an dat wësse mer – bréngen net vill! Et sinn net si, déi de Krich elo wäerte beaflossen. A mir kréien och kee siwente Pak, wou grouss Gassanktiounen decidéiert ginn, och dat ass onrealistes.

Mir wëllen – an dat soen ech och ganz kloer hei als Vertreder vun der ADR – keng Rezessioun a Westeuropa, wann d'Sanktiounen de Krich net op en Enn bréngen. An esou gesäit et aus. Mir wëlle keng Inflation am Energieberäich. Mir wëllen net, dat am Hierscht an am Wanter d'Leit net kënnen hëtzen, ouni sech ze ruinéieren! Mir wëllen och keng Aschränkunge vun der Mobilitéit duerch exorbitant Präisser op der Pompel. Dat bréngt näischt. Dat hëllef de Leit an der Ukrain net an et bréngt d'Leit hei an existenziell Suergen.

Et ass och net logesch – an ech wëll domadder vläicht ophalen –, dat mer elo Gasliwwerungen duerch Fracking huelen, wat ëmweltschiedlech ass, duerch Transporter iwwer Schëffer, mat enorme Verloschter och vun Effizienz a mat groussen Ëmweltkäschten, mat enger Rhetorik, déi u sech awer verstoppt, dat alles dat de Leit an der Ukrain net direkt wäert hëllefen. An dat ass, mengen ech, e ganz wichteg Element.

Mir wäerten eis ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, erlaabt Der nach, dat den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, ganz gär. Ech maachen dat vläicht fäerdeg an da kann e selbstverständlech eng Fro stellen.

Mir hunn och eng Motioun virbereet, an ech wëll vläicht nach ee Gedanke soen, fir dat den Här Kersch nach seng Fro ka stellen: Mir maache strateegesch Feeler am Abléck! An ech mengen, dat muss een och ganz kloer gesinn. Mir hunn hei, och all d'Virriedner, ganz staark Téin géint Russland gefouert! Mee och do muss een eng Zukunftsperspektiv kënnen entwéckelen. Wat mir am Abléck maachen, dat ass, dat mir eist Land a vill westlech Länner an eng dauerhaft Konfrontatioun, an en neie Kale Krich féieren, wou mer Russland mat China, Indien an anere Länner an eng nei Allianz féieren, déi laangfristeg der europäescher Friddensuerdnung an iwwerhaapt der internationaler Communautéit nëmme ka schueden!

Dat ass dee falsche Wee. Mir mussen kucken, dat mer méi wäit denken. Brécke bauen, do wou et am Abléck schwéier schéngt, dat ass den Defi vun der Diplomatie. An ech mengen, mir mussen wëssen, dat mer den Defi müssen unhuelen. Mir müssen der Ukrain hëllefen, mir mussen solidaresch sinn. Awer mir mussen kënnen souwuel ekonomesch, wéi politesch, wéi diplomatesch méi wäit denken.

Den Här Kersch wollt eng Fro stellen.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här President. Merci, Här Kartheiser. Ech wollt Iech just froen, ob Der net meng Meinung deelt, dass et e bësse vill verlaangt ass vun engem President, deem säi Land sech an engem Ugrëffskrich probéiert ze verdeedegen, fir elo hei virun der Lëtzeburger Chamber grouss Zukunftsperspektive fir d'Ukrain ze entwéckelen?

Ech perséinlech sinn der Meinung, dass dee President am Moment ganz aner Suergen huet wéi elo Perspektiven auszemolen, déi souwisou riskéieren, duerch d'Aktualitéit net dat wäert ze sinn, wat den aneren Dag schonn erëm wäert antrieden.

An zweetens wollt ech Iech d'Fro stellen, ob Der net héieren hutt, wéi de Premierminister eebe ganz bewusst net op eng gewësse Krichslogik agaangen ass, mee ganz kloer de Message ginn huet, dass Lëtzebuerg all Efforte wäert ënnerstëtzen, déi an d'Richtung ginn, dass den ukrainesche President ka mat dem President vu Russland zesummekommen.

Dofir mengen ech, dass mir vläicht hei besser hätten, e bësse mander de Mond opzedinn an deene Leit, déi am Krich sinn, hir Eegeverantwortung ze iwwerloossen, ouni hinne wëlle Lektioenen ze ginn!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Gutt. Den Här Kersch huet mer zwou Froen gestallt. Déi éischt Fro ass, ob den Här Selenskyj net aner Preoccupatiounen huet, wéi en Zukunftsmodell fir säi Land ze entwéckelen. Ech äntwerten Iech ganz kloer: Nee! Well ech mengen, dat ass ganz wichteg! Do hëllefen esou kleng Länner wéi d'USA zum Beispill oder d'Vereenegte Kinnekräich dem Här Selenskyj bei der militärescher Verdeedegung vu sengem Territoire an engem ganz héije Mooss.

Ech mengen, dat den Här Selenskyj absolutt mat där Capacitéit an där Hëllef, déi en huet, och bei de puer Verhandlungen, déi an der Tëschenzäit scho mat Russland gelaft sinn, souwuel eng Verhandlungscapacitéit wéi och eng intellektuell Nodenkapacitéit huet, déi et him géifen erlaben, béides ze maachen: engersäits déi militäresch Verdeedegung, déi eng Noutwendegkeet ass, mee doriwwer eraus och e Modell fir säi Land.

Et muss ee jo Friddensverhandlungen hunn, dat ass jo déi éischt Prioritéit u sech! Et geet jo net duer, sech ze verdeedegen an ze hoffen, dat een enges Daags géint Russland gewënnt. Mee et muss ee jo och wëssen: Wou soll mäi Land muer stoen? Wat wëll ech eigentlech erreechen? An ech mengen, dat ass eng absolutt prioritär Consideratioun fir e Staatsmann, net nëmme fir d'Politiker, mee fir e Staatsmann, fir ze wëssen: Ma wat kann ech deene Leit, de Refugiéen, hei an dësem Land offréieren, fir dat se zrëckkommen – et sinn och vill Leit a Russland geflücht! –, fir dat se eng gemeinsamen Zukunft opbauen, fir dat mer dëst Land erëm kënnen opbauen? An ënner wéi enge Konditiounen kann ech mer do och Hëllef vun der internationaler Communautéit erwaarden?

Dat verlaangt en intellektuellen a moraleschen Effort, an ech si sécher, dat den Här Selenskyj dee ka bréngen.

Déi zweet Fro: Jo, natierlech ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dee kann een awer wuel kaum haut hei an der Lëtzeburger Chamber developéieren. Dat ass genau de Problem.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här Kersch, Dir hutt mer zwou Froen gestallt. Erlaabt mer, wannechgelift, op déi zwou Froen ze äntweren.

Déi Éischt, mengen ech, hunn ech beäntwert. Mä Vertrauen an den Här Selenskyj schéngt méi grouss ze si wéi dat, wat Dir hutt!

Dat Zweet ass: Ech hunn dem Här Bettel selbstverständlech gutt nogelauschert, méi wéi hie mir, mengen ech.

*(Hilarité et brouhaha)*

Mee wann den Här Bettel mer géif nolauschteren, da géif en ...

*(Brouhaha)*

Jo, jo, gutt. Selbstverständlech hunn ech dem Här Staatsminister nogelauschtert an ech hunn och de Schluss vu senger Ried selbstverständlech héieren an appreciéiert, wou e sech dem Här Selenskyj wollt zur Verfügung stellen, fir bei enger Demarche ze hëllefen. Dat appreciéiere mir a mir ënnerstëtzen dat!

Mir hu schonn déi lescht Kéier an der Chamber gesot, datt mer et géifen ënnerstëtzen, Här Staatsminister, wann Dir weider och de Kontakt zu der russescher Féierung géift sichen, well dat néideg ass. Diplomatie ass néideg!

Den Här Bettel hat awer och, Här Kersch, am Ufank vu senger Ried gesot, datt en zu engem bestëmmte Punkt – wat een och mënschlech kann novollzéien – duerch déi Grausamkeet vum Krich a verschidden Evenementer net méi déi moralesch Kraaft dozou hat. Dat kann ee mënschlech novollzéien, mee mir freeën eis, datt en um Schluss vu senger Ried dann déi Fënster erëm opgemaach huet, dat, wat mir ëmmer vertrauden hunn. Et ass schwéier! Et ass schwéier, et ass an der Diplomatie a mënschlech ganz schwéier, mat esou Biller am Kapp mat engem aneren schwätzen ze kënnen, mee et muss ee sech kënnen iwwerwannen, well et ass am Déngscht vun der Saach.

Fir zukünfteg Massakere, zukünftige Misär, zukünftegt Leed ze verhënneren, müssen en Diplomat an e Politiker fäeg sinn, och mat engem Mënsch, mat deem se net d'accord sinn, Brécken ze sichen, en Dialog ze féieren an no Léisungen ze sichen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, ech hunn nach dat Wichtigst vergiess: eng Motioun vun der ADR, déi e bëssen eng aner Tonalitéit huet.

(Interruption)

Si ass haaptsächlech op Friddensverhandlungen orientéiert an op Zukunftsmodeller, och politescher Natur. Si ass e bësse männer krichsorientéiert wéi déi vun deenen anere Parteien.

Villmools merci.

**Motion 2**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

– *begrësst, datt de President vun der Ukrain sech haut u si adresséiert huet;*

– *erënnert drun, datt si dee russeschen Ugrëff vum 24. Februar 2022 verurteilt huet;*

– *bedauert zudéifst de Verloscht vu Mënscheliwwen an dat schrecklecht Leed, dat dee Krich verursaacht;*

– *ënnersträicht de Wëlle vum Lëtzebuurger Vollek, déi bilateral Relatiounen mat der Ukrain weider ze stäerken an dat ukrainescht Vollek an deem Krich solidaresch ze ënnerstëtzen, besonnesch doduerch, datt*

• *Leit aus der Ukrain zu Lëtzebuerg kënnen medezinnesch versuergt ginn;*

• *ukrainesch Staatsbierger zu Lëtzebuerg fir d'Dauer vum Konflikt Schutz fannen, a seet all deene Leit Merci, déi an deem Kontext gehollef hunn;*

• *d'Ukrain eng politesch, diplomatesch, ekonomesch, akadeemesch an humanitär Ënnerstëtzung vu Lëtzebuerg kritt;*

• *Lëtzebuerg un der Opklärung an der Verfolgung vu Krichsverbrieche soll matwierken;*

• *Lëtzebuerg sech um Neesopbau vun der Ukrain bedeelege soll;*

• *Lëtzebuerg der Ukrain derbäi hëlleft, fir d'Krittäre vun enger Membershaft an der EU ze erfëllen;*

• *d'Arméi kann net déidlecht Material un d'Ukrain liwweren,*

*fuert d'Regierung op,*

– *sech géintwuer der Ukrain a Russland fir e Waffestëllstand a Friddensverhandlungen ze engagéieren;*

– *sech fir de Respekt vum Krichsrecht a besonnesch vun de Genfer Konventiounen anzesetzen an an deem Kontext och d'Ariichtung vun humanitäre Korridoren ze begënschtigen;*

– *international Enquëten duerch neutral a kompetent Gremien ze ënnerstëtzen;*

– *esouwäit dat vun alle bedeelegte Parteien gewënscht an akzeptéiert gëtt, zu der Ëmsetzung vun engem Waffestëllstand mat bäizedroen;*

– *Projeten a Richtung Reconciliatioun vun alle Bevëlkerungsgruppen an der Ukrain ze initiéieren an ze ënnerstëtzen;*

– *hir gutt Déngschter fir d'Organisatioun vu Friddensverhandlungen ze offréieren;*

– *keng Sanktiounen ze fuerderen, ze ënnerstëtzen oder unzehuelen, déi kéinten zu Versuergungsschwierkeete bei der Energie oder bei Liewensmëttelen fir privat Leit oder Entrepreneuren zu Lëtzebuerg féieren;*

– *sech fir eng europäesch Friddensuerdnung ze engagéieren, déi keen ausschléisst an d'Entstoe vun engem neie Kale Krich ausschléisst.*

(s.) *Fernand Kartheiser.*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Membere vun der Regierung, ech wëlt fir d'éischt den Affer vun deem Krich gedenken, also natierlech all deene Verstuerwenen, deenen Dausende Verstuerwenen, mee awer och all deene Geflüchte gedenken, an zwar all deenen Dausenden, déi hu musse flüchten, Honnert-dausenden, Milliounen. All deenen, déi kämpfen, awer och, all déi sinn och Affer. An all deenen, déi krank sinn an déi net kënnen operéiert ginn oder déi vläicht net un déi néideg Medikamenter kommen. An all déi, déi vun hirer Famill a vun hire Léiwge getrennt sinn. Si all sinn Affer, a verschiddene Formen, vun deem Krich.

Ech wëll dann awer och eis déifst Sympathie engem Land ausdrécken, dat zerstéiert gëtt, Empathie och ausdréckt mat enger Populatioun, déi aggresséiert gëtt an där hiert Existenzrecht jo quasi ofgeschwat gouf.

Ech wëll awer och ganz kloer soen, dass mer Verständnis hu fir de Widerstand, fir – wéi den Här Selenskyj gesot huet –: „ze bleiwe wat mer sinn“. Ech mengen, et muss ee ganz kloer soen, dass een awer och Sympathie a Verständnis huet fir dee Wëllen, fir ze bleiwen, wat een ass, wann een eeben ënnerdréckt an aggresséiert gëtt.

An, jo, meng Empathie och mam Här Selenskyj, ganz kloer, dem President, mee och dem Mënsch. Ech muss soen, et war en emouvante Moment, de Mënsch, den Här Selenskyj, deen dostoung, dee ganz kloer midd war an awer eng enorm Determinatioun am Bléck an am Gesiicht hat. An ech mengen, dat huet eis sécherlech alleguerte markéiert.

100 Deeg schonn – 100 Deeg! – dauert de Krich. All Dag ass een ze vill. A mir veruerteete sou kloer wéi den éischten Dag och op deem Dag d'Aggressioun vum

Här Putin a vum russesche Regimm, fir an d'Ukrain anzefalen.

Ech hunn elo vun den Affer geschwat, ech wëll awer och un all déi aner Affer, déi indirekt Affer, eng Kéier erënneren. Mir wëssen et, a mir hunn heiriwwer geschwat: D'UNO warnt virun enger enormer Hongersnout. D'Weessliwwerunge si blockéiert an den Häfen um Schwaarze Mier. Doduerch sinn d'Präisser um Weess ëm déi 30 % gestige par rapport zu de Präisser vum leschte Joer. Virun allem Länner an Nordafrika an och am Noen Oste si betraff vun dëser potenzieller Hongersnout, virun där gewarnt gëtt, an d'UNO rechent mat bis zu Dosende Milliounen Mënschen, déi riskéieren, an eng Hongersnout ze rutschen.

Mir mengen also, dass dat en extreem schlëmme Moment ass, an deem mer grad sinn. Mir müssen elo alles ënnerhuelen, fir déi Stocken, déi an den Häfe blockéiert sinn, fräizekreien, fir nach weider Kollateralschied, déi am Raum stinn, déi en suspens sinn, ze vermeiden.

Et gëtt awer och nach Affer op engem anere Plang, an dat sinn all déi, déi elo och schonn an der Prekaritéit liewen, an dat bei eis, an der Ukrain, a Russland, soss an Europa an iwwerall an der Welt. Dëse Krich huet en Impakt op Milliounen, potenziell Honnerte Milliounen Mënschen an der Welt. Steigend Energiepräisser hunn en Impakt op eis alleguer, op de Portfeuille vun eis alleguerten. Mee si mer ganz éierlech: Den Impakt ass net dee selwechte vun deem engen zu deem anere Portmonn!

A ganz kloer sinn déi, déi elo schonn un der Aarmutsgrenz liewen, och hei bei eis am Land déi, déi riskéieren, eemol méi an d'Aarmutsfal ze rutschen. Och si si potenziell Affer vun deem Krich.

Mir müssen d'Ofhängegkeete reduzéieren, souwuel bei de Weessimporten, vun deenen ech virdru geschwat hunn, wéi bei den Energietransporten. Mir müssen d'Ofhängegkeeten onbedéngt reduzéieren. Dat si Léieren, déi mer schonn aus der Pandemie gezunn hunn, mee déi mir nach eemol müssen aus deem Krich zéien.

Mir müssen aus der Ofhängegkeet vun de fossilen Energien eraus. De russeschen Ueleg duerch arabeschen oder amerikaneschen Ueleg ze ersetzen, ass keng Léisung. Doduerch bleiwen d'Präisser héich a Russland wäert sech weiderhi massiv beräichere mat sengen Exporter an aner Deeler vun der Welt. Mir brauchen awer en Abroch vun der Demande. An dat geet just, wa mer Energie spueren an erneierbar Energie forcéieren. Mir müssen elo innerhalb vu Méint dat nohuelen, wat déi successiv Regierungen säit 40 Joer eigentlech net gemaach hunn.

Déi finanziell Situatioun vun der Ukrain ass komplizéiert. Den aktuellen Defizit läit laut dem ukraineschen Finanzministère bei ronn 5 Milliarden Dollar pro Mount. De Staat muss awer d'Salären an d'Pensiounen bezuelen an déi elementar staatlech Funktiounen wéi Schoulen a Spideeler oprechterhalen. Auslännesch Hëllef kënn virun allem a Form vu Kreditter, déi d'Ukrain spéider muss zrëckbezuelen, an och dat hypothekéiert natierlech d'Zukunft vun der Ukrain.

Mir mengen, datt Lëtzebuerg hei méi kéint maachen a Form vun Donen oder op d'mannst a Form vu verbëllegte Kreditter. Aner Länner, och méi kleng Länner wéi Lëtzebuerg, hunn der Ukrain budgetär Hëllef zoukomme gelooss. An ech mengen, mir sollten och do méi Efforte maachen.

Eng aner Méiglechkeet, fir der Ukrain finanziell ze hëllefen, ass, d'Verméige vun de russeschen Oligarchen ze mobiliséieren. Op ville Plaze gëtt d'Idi diskutéiert, déi agefrueren Verméige vun de russeschen



Oligarchen ze confiscuieren a se der Ukrain zeguttkommen ze loosson. Mir ënnerstëtzen déi Iddi a fuerderen, datt d'EU dofir e spezielle Rechtskader schafft. Dofir géif ech dann och gären d'Fro un d'Regierung stellen, wéi se dozou steet an ob se bereet wier, dës Beméiungen ze ënnerstëtzen.

*(Interruption)*

Soll ech widderhuelen? E Rechtskader ze kreéieren, fir den Oligarchen hiert Verméigen ze confiscuieren an der Ukrain zeguttkommen ze loosson.

Et gouf an dëser Chamber gesot, dass an dësem Krich fir eis gekämpft gëtt. Dësen Narrativ, iwwert dee mer eis immens wonnere, dee vun haut op muer quasi entstanden ass, ass einfach ze widderleeën. Do gëtt gemaach, wéi wa sech zwee homogeen Ensembles géigeniwwer géife stoen, op där enger Säit de Westen, Demokratie a Fräiheet, an op där anerer Säit Autokratie a Russland.

Éischten ass awer de Westen net esou homogeen an demokratesch, wéi mir et mengen a wéi mer et wëllen hunn. Erënnere mer eis un d'Invasiounen am Irak, a Libyen an esou weider, an och, wéi mer mat Minoritéiten op eisem Kontinent ëmginn. Ech denke just un d'Geflücht an d'Migranten, déi versichen, an Europa ze kommen, an deenen hir Fräiheet eis do awer erëm e wéineg egal ass.

Zweetens: Wann et Demokratie a Fräiheet op där enger Säit versus Autokratie op där anerer Säit wier, firwat ënnerhuele mer dann näischt bei Saudiarabien, dem Maroc och zum Deel oder Israel an esou weider? Do gëtt et ganz vill Länner, mat deene mir weiderhi ganz gäre Frënn sinn, déi awer och net ganz déi mënschenrechtsfrëndlechste Regimenter hunn. Also, esou einfach ass déi Oppositioun do net an ech wiere mech wierklech kloer géint deen Narrativ.

A wann et esou wier, dass mir an eis Wäerter op där enger Säit stinn an op där anerer Säit d'Autokraten, firwat hu mer dann – oder besser Dir, Verschiddener hei am Raum – de Putin jorelaang hoféiert an ënnerstëtzt? Bon, ech hunn dat scho gesot, et ass näischt ganz Neits. Mee ganz éierlech, dat ass fir mech e roude Fuedem, dee sech hei trotzdeem nach ëmmer duerch déi Diskussioun zitt.

Wann et esou ass, wéi gesot gëtt, dass hei fir eis gekämpft gëtt, da si mer längst Deel vun der Partie. Ech mengen dat och, mee aus anere Grënn. An do kommen ech op d'Sécherheetsgarantien. Dir wësst, dass d'Ukrain no Sécherheetsgarantië vun Weste freet, vun den USA an natierlech och vu Russland. Mee och Russland huet Sécherheetsgarantien, déi si froen an och brauchen. An do kënnen a solle mer aktiv ginn als Lëtzebuerg, mee och als EU, an alles derfir maachen, dass sech op dësem Niveau vun de Sécherheetsgarantien eppes deet. An och do géif ech gären d'Regierung froen, wat si op deem Niveau ënnerhëlt.

Jo, de Krich geet eis eppes un ...

*(Interruption)*

Et war d'Fro vun de Sécherheetsgarantien, wat Dir do ënnerhuet fir ze negociéieren.

*(Interruption)*

Den nächste Punkt fir mech ass: Jo, de Krich geet eis eppes un, ganz kloer! Mee wéi mer dat ugin, ech mengen, do ënnerscheede mer eis ganz kloer an eisen Äntwerten. Dat steet ganz kloer hei am Raum. An ech mengen, dat ass och ok. Mir sinn dervun iwwerzeegt – an ech mengen, de President Selenskyj huet dat och schonn e puermol gesot –, dass de Krich just ka mat engem Friddensaccord op en Enn goen.

D'strategesch Fro fir eis ass: Wëlle mer de Putin lassginn? Soll de Putin aus der ganzer Ukrain erausgehäit

ginn? Ech nennen dat elo mol einfach maximalistescht Zil, jo, ...

**Une voix** | Genau.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | ... maximalistescht Zil. Do gi mer zréck op 2014. Ech erënnere just drun, dass säitdeem net vill ënnerholl gouf, fir den Här Putin oder de russesche Regimenter do erauszegehien. Mee dat ass déi eng Strategie.

Oder déi aner Perspektiv – an ech mengen, mir hu méi déi Perspektiv, dat ass einfach en anere Brëll, dee mir vläicht ophunn –: Ass de Fridden elo ze erreechen? D'Fro ass: D'maximalistescht Zil – a wéi komme mer dohinne? – oder déi Perspektiv vum Fridden, deen esou schnell wéi méiglech ze erreechen a kucken ze verhandelen, fir esou vill wéi méiglech Doudeger ze evitéieren?

Ech mengen, dat si verschidde Strategien, déi een huet, verschidde Liesarten. A fir mech gëtt et kloer net eng eenzeg richteg Strategie. Ech mengen, dat muss ee sech och éierlech soen. Ech hunn net déi absolutt Wouerecht, mee ech mengen awer, dass mer mat deem Wee eventuell méi Doudeger kënnen evitéieren an eventuell och eng Eskalatioun kënnen evitéieren.

Mir setzen alles op Fridden an net op Waffen. Mir wëssen, dass Waffen op laang Zäit néierens hiféieren!

*(Interruption)*

Kann ech just fäerdeg schwätzen? Da kënnt Der mer gären eng Fro stellen.

Dofir d'Fro un d'Regierung: Wou ass déi europäesch Diplomatie?

*(Interruption)*

Dëse Krich ass net militäresch ze léisen. Nëmme den diplomatesche Wee kann dat. D'Prioritéit muss fir eis e Waffestëllstand sinn, an zwar esou schnell wéi méiglech. D'Initiative kënnen nëmme vu bausse kommen, well déi direkt Gespräicher tëscht Kiew a Moskau blockéiert sinn. Mir brauchen eng concertéiert diplomatesch Initiativ vun alle relevanten Acteuren, fir de Krich esou schnell wéi méiglech ze stoppen.

An ee Wuert dann nach zu deene Wäerter Fräiheet a Fridden, déi een hei esou dacks héiert: Dat sinn net just europäesch Wäerter, dat sinn universell Wäerter, déi iwwerall op der Welt geschätzt a gelieft ginn, bei eis, an der Ukrain, a Russland, mee och op all anere Kontinenter an an allen anere Länner.

De Krich an der Ukrain, mee virun allem och géint d'Ukrain, ass kee Krich vu Wäerter oder vu Reliounen, mee et geet, wéi ëmmer, ëm Muecht. D'Muecht vun engem eenzelne Mënsch, dem Här Putin, esou wéi den Här Selenskyi dat och virdu gesot huet. A wann et eng Léier fir eis gëtt aus dësem Krich, déi een hei muss zéien, ass et, dass mer keng Autokrate méi hoféieren an ënnerstëtze sollen!

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ...

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Den Här Cruchten wollt nach eppes soen, mengen ech.

**M. Fernand Etgen**, Président | O, pardon! Den Här Yves Cruchten wollt eng Fro stellen. Här Cruchten, wannech gelift.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo. Merci, Här President. Och merci, Madamm Oberweis. An ech mengen, mir deelen alleguerten Ären Asaz fir de Fridden a mir deelen och alleguerten dee Wonsch, dass et séier zu Fridensverhandlungen kënnt. Mee Dir hutt elo virdrun dervu geschwat, wat dann eis Maximalfuerderung

sinn. Dir hutt quasi vun de Grenze geschwat. Dir hutt vun deene vun 2014 a vu virdu geschwat an hei an do.

Mee meng Fro un Iech ass: Sollte mer net – an ech hoffen, dass mer eis do wierklech alleguerten eens sinn –, de Fong vun alle Verhandlungen fir e Waffestëllstand a fir Fridden a Fridensverhandlungen an der Ukrain den Ukrainer aleng iwwerloossen? Ech mengen, dass et un hinnen ass ze decidéieren, wat fir si akzeptabel ass. Et ass net un eis, fir elo schonn ze soen: „Fir eis kéint mer eis dat do virstellen oder dat dote.“ Ech mengen, dass et aleng un den Ukrainern an un den Ukrainer ass fir ze soen, wat fir si akzeptabel ass a wat net. A si musse soen, wat an esou Fridensverhandlungen erakënn an net mir.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Wann ech dierf äntweren? Ech sinn natierlech mat Iech averstanen. Ech kéint net aneschters. Natierlech kann ech nëmme mat Iech averstane sinn! Mee si sinn net eleng an dësem Krich. Mir ënnerstëtze si, direkt oder indirekt, mat Waffeliwwerungen a mat militäreschem Training. Ech mengen, et ass eng Illusioun, esou theoretesch ze schwätzen. Si sinn net méi eleng. Mir si scho längst mat dran. An an deem Sënn mengen ech net, dass een dat kann esou ugoen. Ech mengen, mir si scho längst mat dran. An ech mengen, dass et do Gespräicher gëtt mat der ukrainescher Regierung. Also, do dierfe mer eis och näischt virmaachen, dass si eleng géint Russland kämpfen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An da wier et elo um honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, mir Piraten begrëssen dann och den Echange haut mam President Selenskyj, well, wéi eise Chamberspräsident dat virdu gesot huet, et war en historiesche Moment! En historiesche Moment, well et eeben net üblech ass – glécklecherweis net üblech ass –, datt Staatscheffen a Krichssituatiounen sech un d'Chamber wenden.

All Dag, wann ech doheem zur Dier erakommen, kucken ech als Alleréisch op e Produit aus der Ukrain. Dat ass eng grouss hëlze Weltkaart vun enger klenger ukrainescher Startup, déi zu engem vun den éischten Affer vun dësem sënnele Krich gehéiert huet. Et ass eng Weltkaart, op där d'Krim ganz kloer zur Ukrain gehéiert. E Rappel, all Dag, wann ech zur Dier erakommen, sech fir d'Integritéit vun der Ukrain anzusetzen an domadder, am Géigesaz zu mengen zwee Virriedner, net hei an der Lëtzebuurger Chamber um Räissbriet wëllen ze entscheiden, wéi d'Ukrainer hiert Land sollen opdeelen oder och net.

Dat erënnert mech dann awer e bëssen un déi al „Guts-herrenart“ oder „Weltenführer“, déi do un wäisse Pa-beier Linnen op Kaarte gezunn an decidéiert hunn, wéi en Deel vun der Äerd dann elo wem soll gehéieren. Ech hat wierklech geduecht, mir wäeren aus deenen Zäiten eraus, wou mat Blut d'Grenzen nei gezu ginn, well mer international Reegelen hunn, fir Grenzen ze zéien. Mee manifestement hunn den Här Putin an dann och Leit a verschidde Riednerinnen a Riedner heibannen dat nach net verstanen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Als Deel vun der Chambersdelegatioun, déi dës Woch op der parlamentarescher Versammlung vun der NATO zu Vilnius war, hat ech dës Woch schonn eng Kéier d'Geleeënheet, fir mech mat mengen ukrainesche Kollegen, dem Jehor Cherniev an dem Galya Mykhailiuk, auszutauschen.

Ech hunn hinnen all eis Solidaritéit an Ënnerstëtzung zougeséiert, an dat widderhuelen ech och hei nach eng Kéier: Mir ënnerstëtzen all d'Efforten, fir dës Krich ze beenden, an natierlech och d'Demande vun der Ukrain, der EU kënnen bäizetrieden.

Et ass wichteg, datt mir iwwert de Krich schwätzen, iwwer wirtschaftlech Strategien, fir international Drock opzebauen, iwwer Embargoen an, jo, och iwwer Waffeliwwerungen. Dat hu mer haut jo schonns e puermol gemaach a mir wäerten dat sécher och nach weiderhi maachen. Mee et ass och wichteg, datt mer déi ganz konkret Mënschen an hir Eenzelschicksaler bei all deem net vergiessen an d'Zwëschemënschlechkeet héichhalen.

Doru sinn ech du bei der Versammlung zu Vilnius och nach eng Kéier erënnert ginn, wéi d'Galyna, d'ukrainesch Deputéiert, op mech zoukomm ass an als Alleréisch net wollt mat mer iwwert de Krich schwätzen, mee doriwwer, ob et mengem Meedche géif gutt goen. Ech hunn dat immens vill Gréisst fonnt, datt grad hatt, wat selwer seng Famill am Bunker setzen hat, als Éischt nom Wuelbefanne vun anere gefrot huet. Dat ass, mengen ech, eppes, wat mer net därefer verléieren. A mir mussen eis ëmmer bewosst sinn, datt et eeben net e Krich ass zwëschen abstrakte Staaten, mee e Krich, wou Leit wéi Dir a mir allegueren dervunner betraff sinn an am Alldag leiden.

A wa mer da Fotoe gesinn, wou Kanner, wou ganz Kannerklinicken a Bunkere mussen verluecht ginn, op Decken, a Bëbeeën op d'Welt kommen a Situatiounen, déi kee vun eis sech wëllt virstellen, da kommen engem, mengen ech, zu Recht d'Tréinen. Et ass eng Situatioun, déi engem net einfach esou aus dem Kapp geet. Eng Situatioun, wou ee sech eebe grad och muss d'Fro stellen: Schwätze mer nach iwwer abstrakt Grenzen? Iwwer e Friden, dee mer mussen kréien? Oder schwätze mer doriwwer, datt mer u sech den Ukrainer mussen all Ënnerstëtzung zoukomme loossen, déi se kréien kënnen?

Well et sinn net déi aarm Russen, déi do op eemol géint hire Wëllen an der Ukrain parachutéiert goufen, nee, et ass den Här Putin, dee ganz bewosst Zaldoten an d'Ukrain geschéckt huet, fir genau dës Leed ze produzieren! An dat muss ee soen. Et geet hei ëm Mënschen, déi eis Hëllef brauchen an deene mir eis Hëllef och mussen zoukomme loossen.

Mir Piraten hunn dofir an der Vergaangenheet all d'Mesurë vun der Regierung ënnerstëtzt, fir d'Ukrain mat militäreschem Material ze versuergen, a mir ënnerstëtzen och déi rezent Approche vun der EU, fir mam sechste Sanktiounspak en Uelegembargo ze lancéieren.

Eng Eenegung op eng Reduzéierung vun den Uelegimporten aus Russland an d'EU ëm 90 % bis zum Enn vum Joer wier schonns e grouse Schratt. A mir hoffen, datt dës Schratt da wäert kënnen gemaach ginn an datt d'Ambassadeuren hoffentlech haut hei zu Lëtzebuerg kënnen d'Ënnerschrëft ënnert den Text setzen, an datt mer eeben net als Geisel geholl gi vun engem Här Orbán – dee gouf jo haut schonns zitëiert –, deen op eemol wëllt e Chefpropagandist vun Putin schützen.

Mee natierlech ass d'Ofhängegkeet vu Russland um Niveau vun der Energie eleng mat engem Uelegembargo nach net vum Dësch. De kriddelegste Punkt, d'Fro, wéi eng Versuergung vun der EU mat Gas ouni Russland méiglech kéint sinn, bleift weiderhin oppen. Schliesslech hunn d'Regierungschefte kloergemaach, datt de Gasembargo nach net esou séier en Thema wäert sinn. Et ass zwar schonns eppes geschitt, mee mir Piraten appelléieren nach eng Kéier drun, datt ee sech net därefer op de Lorbeeren ausrouen an datt mer

weider mussen denken a weider konsequent mussen agéieren.

Mir hunn d'Moyene fir ze hëllefen, a mir mussen se dofir och notzen, fir se eisen ukrainesche Verbündeten – an dat si se – zur Verfügung ze stellen, fir datt si dem russischen Aggressor weiderhin d'Stier kënnen bidden.

Mir Piraten stinn dofir och hannert engem vollständigen Gasembargo a bedauern zudéist, datt dës an noer Zukunft keen Thema wäert sinn. Mee trotzdem biede mir natierlech de Premier, eis staark Positioun bei den nächste Verhandlungen ze verrieden, och wann e keng Motioun dozou wëllt, wéi en dat jo hei an der Chamber scho kloergestallt huet.

Et ass nämlech esou, an dat ass e Fakt: Europa huet d'Energietransitioun verschlof a während där Zäit Milliarden a Milliarden en Euroen an d'Hänn vun autokrateschen Staaten an hire Muechthaber gedréckt. Domat gouf de Klimaschutz vernoléisst an eng enorm energieetesche Ofhängegkeet toleréiert, déi eis elo op de Kapp fällt.

Eist Zil muss et sinn, Russland ze weisen, datt mir dës grausame militäreschen Ugrëff op d'Schärfst verurteilen an net einfach kënnen toleréieren oder nokucken. Dofir mussen d'Regierungschefte vun der EU un engem Strang zéien – un engem! – a wäitreechend Embargoen a Sanktiounen duerchsetzen. An ech hoffen, datt d'Ambassaden dat haut dann hikeréien.

An, jo, natierlech kascht dat eppes. Mee wa mer heifir keng Ressourcë mobiliséieren wëllen, da muss ee sech awer froen: Fir wat dann? Mir stinn den Ament virun enormen Erausforderungen, déi et kollektiv unzege gëllt an déi net nëmme politesch Riede brauchen, mee Investitiounen.

Dem Putin säin Ugrëff op d'Ukrain, deen, wéi de President Selenskyj eis et haut nach eemol an d'Gedächtnis geruff huet, scho vill méi laang geet wéi den aktuelle Krich säit dem 24. Februar, war och en Ugrëff op Europa, en Ugrëff op d'Demokratie an op d'fräiheetlech Wäerter. Mee amplaz eis dovun schwächen ze loossen, kënnen mer och gestärkt aus dëser Situatioun erausgoen, wa mer eis aktuell Lag dann als Ureiz verstinn, fir endlech déi Investitiounen an erneierbar Energien ze maachen, déi et schonns esou laang bräicht, fir laangfristeg d'Onofhängegkeet an d'Klimaneutralitéit vun der EU ze garantéieren.

*(Interruption)*

All Investitioun, déi eis haut onofhängeg vu russischen Energie mécht, ass eng Investitioun, déi zegläch der Ukrain wéi och eis selwer zeguttkënn.

Iwwert d'Essenssituatioun an iwwert de Risk vun enger Famine muss ech guer net eréischt schwätzen, dat gouf och scho gemaach. Wat mer do brauchen, ass eng ganz pragmatesch Léisung. Mir mussen déi Kären aus der Ukrain erauskréien. Mir mussen derfir suergen, datt d'internationalt Recht respektéiert gëtt, datt „freedom of navigation“ och am Schwaarze Mier ka stattfannen. Well wa mer eis drop verloossen, datt dat mat der Bunn geschitt, dann erhéngen dës Joer 30 bis 40 Milliounen Mënschen op dëser Äerd! 30 bis 40 Milliounen weider Affer vun engem Krich, dee ganz aleng de Wladimir Putin ze veräntwerten huet. Dat därefer mer net zouloossen. Dofir mussen mer eis asetzen. An dofir muss den Hafe vun Odessa opgou fir den Export vun deene wichtege Nahrungsmittelen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi ech déi lescht Kéier an der Ukrain war – an dorunner denken ech awer an der Lescht ëmmer erëm, wann ech d'Billen vu Kiew gesinn –, sinn ech engem weltoppen, frëndlechen a virun allem engem ganz

oppenhärzege Staat begéint, deen eng gréisstendeels funktionéierend Demokratie huet. Wann een elo gesäit, wéi dës Land a seng Mënsche Krichsverbrieche an Zerstéierung ausgesat sinn, dann dierf een net ewechkucken. Dowéinst si mir Piraten haut immens stolz drop, datt d'Chamber decidéiert huet, de President Selenskyj anzuelueden an him an eise hëjen Haus d'Wuert ze ginn.

Mat senger Ried huet hien eis all nees drun erënnert, datt d'Fräiheet an d'Recht op Selbstbestëmmung, eis europäesch Valeuren an, jo, och e Stéckwäit d'europäesch Zukunft aktuell an der Ukrain verteidegt ginn. An dës schwéieren Effort gëllt et bis op Weideres mat allen eis zur Verfügung stoeende Mittelen ze ënnerstëtzen, fir datt och d'Ukrainerinnen an d'Ukrainer, esou wéi de President Selenskyj et sot, kënnen bleiwen, wat se sinn: fräi an onofhängeg.

Merci. Slava Ukraini!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

*Prise de position du Gouvernement*

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, merci der Chamber fir d'Organisatioun vun där Interventio vum President Selenskyj de Moien.

Ech fannen et wichteg – an dat ass och scho vun deem engen a vun deem aneren Orateur gesot ginn –, dass een als Chamber net nëmme e Staatschef an enger Kommissioun huet. Et ass eng Traditioun, zum Beispill och am Europaparlament – ech hu selwer als Premierminister schonns d'Occasioun gehat, virum Europaparlament ze schwätzen –, dass een och heiansdo an enger Séance plénière kann en Echange hu mat engem Staatschef, dee vläicht net present ka sinn, oder present wéi hei am Fall vum ukraineschen President, zum Beispill am Kader vun enger Visitt, wat och eng Opportunitéit ass, fir en Echange mat engem Land kënnen ze hunn.

Déi Billen, déi mer gesi vum Här Selenskyj, si schwéier Billen, a mir weisen eis Solidaritéit. Mee Dir musst Iech virstellen – an ech hunn dat och schonns eng Kéier hei an dëser Chamber gesot –, dass, wann ech den Här Selenskyj um Telefon hunn an ech him oder dem Premier soen: „Da ruffe mer eis d'nächst Woch un“, da soen déi: „Wa mer nach lieweg sinn.“ Dat kann ee sech net virstellen, wann een net selwer um Terrain ass an dat muss erliewen, wat déi Leit erliewe mussen.

Ech wëll hei dëser Chamber Merci soe fir déi Solidaritéit, déi awer queesch duerch d'Bänke komm ass. Solidaritéit fir déi Aktiounen, déi vläicht net 100 Prozent Zoustëmmung kritt hunn, mee gleet eis, et war net einfach fir d'Regierung selwer, fir op letal Waffen ëmzeswitchen. Mir hunn et ni gemaach. Ni!

Mir solle just net vergiessen, dass och bei Waffe fir eis, wann ech mer dat erlabe kann ze soen, déi dräi „D“ wichteg sinn. Dat ass eng Kéier d'Defense, mat Waffen. Et ass d'Diplomat, well mer der Meinung sinn, dass Diplomatie wichteg ass, fir no Léisungen ze sichen. A mir sollen och – an erlaabt mer, do de Lien ze maachen, wann ech zum Beispill de Sahel kucken – den Developpement net vergiessen. Mir brauchen eng Entwécklungspolitik – den Här Fayot war virun och hei –, bei där mer wierklech zesumme kucken, fir op deene Plazen, wou mer muer riskéieren, e Konflikt ze kréien, och deene jonke Generatiounen Perspektiven ze ginn.



Dat heescht dowéinst, déi Politik vun deenen dräi „D“ ass ganz, ganz wichteg. D'Ukrain och! D'Ukrain och. Dat ass eng Kéier d'Defense, dat ass eng Kéier den Développement (veuillez lire: eng Kéier d'Diplomatie), an et gëtt och eng Kéier d'Kooperatioun, dofir den Développement.

Ech hunn hei prezis Froe gestallt kritt. Erlaabt mer just, dass ech ganz kuerz drop aginn.

Déi Éischt war déi vun net nëmmen dem Geléiere vun Avoiren – Madamm Oberweis, just ... voilà! –, net nëmmen d'Geléiere vun den Avoiren, mee d'Confiscatioun. Hei ass d'Fro gestallt ginn. Ech warne just do virdrun: Et muss sécher sinn, dass mer juristesche do kee Feeler maachen!

*(Interruption)*

Well et ass en Ënnerscheed tëschent confiscéieren an eppes geléieren. Nëmme wann eng Decisioun geholl gëtt vun engem, déi juristesche fest ass! A mir musse wëssen, datt dat schwéier gëtt op UNO-Niveau, well am P5 sëtzt och Russland, a China ass awer och am Moment méi derfir, fir Saachen ze blockéieren, wéi derfir, Saachen duerchgoen ze loossen. Ech géif wierkelech recommandéieren, do net eppes Falsches ze anoncéieren, soulaang een net juristesche eng Decisioun huet.

Wann elo hei zu Lëtzebuerg en Tribunal oder d'Cour eng Decisioun hält, heescht dat, dass ech eng Base juridique hunn, dann ass dat eng ganz aner Saach. Mee wa mir elo soen: „Mir ginn engem dat“, mam Risk, dass da vläicht an e puer Méint eng Decisioun geholl gëtt vun engem Geriicht, déi seet: „Nee, dat dierft Dir net, well Dir hutt keng Base légale, fir dat doten ze maachen!“, an dann dat Land, wat déi Sue kritt huet, déi och nach misst zréckbezuelen, da wiere mer an där schlëmmster Situatioun, déi ee riskéiert ze hunn.

Dofir géif ech uroden, all Aspect juridique fir d'Éischt ze analyséieren, ier een eng Confiscatioun mécht an engem aneren eppes attribuëiert. Geléieren, dat hu mer jo gemaach, si si jo agefruert. An ech mengen, dass dat och ganz wichteg war. Dat heescht, am Moment komme se jo net drun. Mee fir elo engem aneren dat ze ginn, do wëll ech just op Nummer sécher goen. Ech wëll den Ukrainer keng falsch Hoffnung ginn, andeem mer hinne soen: „Dir kritt dat do“, wou de Risk awer ass, dass an e puer Méint dann op eng Kéier gesot gëtt: „Nee, mir hunn eis geiert, Dir musst dat doten zréckginn!“ Dat wier am Fond déi déckst Blamage, déi mer eis als international Communautéit kéinte ginn.

D'EU-Diplomatie: Dir wësst, dass d'EU-Positiounen – an erlaabt mer, do och de Lien ze maache mam Embargo – Positiounen sinn, déi op Conseilniveau eestëmmege musse geholl ginn. Mat Eestëmmege! Eestëmmege bedeit ganz oft, dass een da vläicht manner wäit geet, wéi verschidde Leit dat gären hätten.

Am Moment hu mir an der EU – an dat soen ech och ganz éierlech – Länner, déi vill méi wäit wëlle goen. An dat muss ee respektéieren. Mir hunn net déi Vergaangenheet, déi verschidde Länner hunn. Et muss ee verstoen, dass d'baltesch Länner oder Polen oder Bulgarien oder Tschechien oder Rumänien, also déi Länner, déi elo nei Membere sinn – wann ech mer dierf erlaben, se esou ze nennen, esou nei si se och net méi –, dat heescht, déi manner al Memberen an der EU, e Passé hunn, dee mir net kënne spieren. Déi hunn eng Angscht vis-à-vis vum groussen Noper, déi mir vläicht an de 50er-Joren nach haten. Mee bei hinne ass déi Wonn nach vill méi oppen, an dowéinst muss een dat och respektéieren.

Mee dann hutt Der aner Länner, wéi zum Beispill Ungarn, wou awer de Passé e bëssen hybrid ass. Et ass och virdu gesot ginn. Ech muss Iech soen, gëschter, wéi ech déi Pushnews kritt hunn, wou dropstoung, dass op eng Kéier, wéinst dem Kyrill – dee virdu jo schonn op der Lëscht war, déi Lëscht war jo bekannt, déi war jo net zréckgehalen ginn, wéi mer am Conseil d'Sanktiounen festgehal hunn, dee ganze Package, well et war awer e Package, an dee war bekannt –, gesot gouf: „Mir blockéieren dat.“ Dofir hunn ech och gëschter Owend – an ech verstoppene et net, op d'mannst probéieren ech, net driwwer ze schwätzen, wann ech esou Saache maachen – dem Här Orbán geschriwwen, an de Kolli ass mer gepläzt. An ech hunn de Charles Michel informéiert an och déi aner Kollege fir ze soen: „Hei, do musse mer agéieren!“ An do ass et wichteg, dass och déi aner europäesch Kollege soen: „Dat geet net!“

Mir hunn en Deal fonnt. Mir hunn en Deal fonnt! Mir hunn den Ukrainer gesot: „Mir ginn an déi Richtung.“ A mir maachen dat och, obwuel d'Ukrainer am léifste gehat hätten, mir wieren nach méi wäit gaangen. Mee de Kompromëss huet mat sech bruecht, dass dat doten dat ass, wat erauskomm ass. An dann den Dag drop ze soen: „A nee, mir sinn net méi averstane wéinst dem Kyrill!“ Also ech hoffen – an ech muss do deem engem oder deem aneren heibannen total Recht ginn –, dass mer alles maachen, fir dass déi Sanktiounen, dee sechste Sanktiounepak, esou séier wéi méiglech adoptéiert gëtt.

Ech wëll hei net pessimistesche sinn, mee ech hunn hei vun Oppositiounssäiten héieren, dass mer missten elo direkt schonn haut de Gas ofschneiden. Do kann ech Iech soen: Mat deene Gespréicher, déi ech hat, gesinn ech do net vill Hoffnung! Ech soen Iech dat ganz éierlech, ech kéint Iech jo elo hei eppes virgaucken. Ech probéieren et, gleeft mer et, Dir hutt et jo och gesinn.

Dowéinst sinn ech och frou, dass mer kee Mandat impératif hunn, well soss misst ech d'Konklusioun selwer blockéieren. Da wier ech d'lescht Woch de Victor Orbán gewiescht, well ech gesot hätt: „A nee. Bei eis huet d'Oppositioun dat dote gefrot an ech hat eng Majoritéit an der Chamber, déi gesot huet, ech dierft näischt anescht akzeptéieren.“ Dofir ass et bei Negociatiounen wichteg, dass een och dat Mandat huet. Alleguerten! Dat, wat mer wëllen, do si mir eis eens. Mee dat mam Gas, do kann ech Iech soen: Do hu schonn eng Rëtsch Länner gesot, fir si géif dat iwwerhaupt net a Fro kommen.

Dowéinst, ech wëll keng falsch Hoffnungen maachen, mee et ass nach e wäite Wee, bis e siwente Pak ka kommen, esou wéi dee virdu gefrot ginn ass.

Den Embargo vum Pétrol, do sinn et iwwer 90 %, also, et soll een net vergiessen, et sinn iwwer 100 Milliarden Euro, déi den Här Putin net méi kritt. 100 Milliarden! Mir musse eis bewosst sinn, dass mer domadder op anerem Niveau och Diskussiounen wäerte kréie wéi déi, wéi de Coût de la vie an Europa wäert sinn. Mee do ass Diplomatie – an d'Madamm Oberweis huet virdu vun der Diplomatie mat Russland geschwat – dee Moment och wichteg fir ze kucken, dass verschidde Länner, déi och Pétrol produzéieren, de Krunn opmaachen. Dat sinn och Saachen, déi nach musse gemaach ginn. An da sinn dat tatsächlech vläicht déi, wou mer gëschter gesot hunn: „Mir wëllen net onbedéngt mat deene schaffen.“

Mee ech muss Iech soen: Mir kënnen hei vill sichen, ech weess awer net, ob mer hei vill Pétrol zu Lëtzebuerg fannen, wa mer siche ginn. Dat heescht, mir sinn awer als Land – an net nëmmen als Land, mee

als Kontinent – tributaire vun anere Kontinenten. An däärs muss ee sech och bewosst sinn.

Här President, dann iwwert d'Perspektiven: Ech hunn elo virdrun an der Press gelies oder vun deem engen a vun deem aneren héieren: „Jo, d'Ukrain muss direkt Member gi vun der EU.“ Ech wëll Iech just soen: Mir musse oppassen, wat mer maachen! Wa mer am Juni de Message hunn, dass näischt geschitt, dann hu mer all versot! Dann hu mer all versot, wann de Message ass: „Njet, et geschitt guer näischt.“

Ech weess, ech insistéieren allkéiers, an et ass esou e Refrain: Mir dierfe Moldawien a Georgien net vergiessen, well mat Transnistrien a mat der Situatioun, déi se hunn, si se ganz, ganz fragill. Mee d'Ukrain huet Efforte gemaach. An déi soll een och unerkennen. D'Ukrain huet Perspektiven an der Europäescher Unioun. An hinne elo am Juni ze soen: „Nee, et ass net fir elo. On passe à la suite“, wier e Feeler.

An dowéinst, tëschent deene Länner, déi soen, si sollte scho gëschter Member sinn, an deenen aneren, déi soen: „Mir wëllen iwwerhaupt net, dass se am Moment Member ginn“, wier zum Beispill déi Pist, déi den Emmanuel Macron den 9. Mee opgezeechent huet. Dat wier – an ech hunn et virdrun opgezielt – eng vun deene Pisten. A mir sollen näischt ausschléissen! Mir sollen näischt ausschléissen. Mee meng perséinlech Meinung ass: Wa mer et am Juni net fäerdebréngen, e positive Message ze hunn – an do geet et net duer, dass mer einfach eng Zeil Konklusiounen schreiwen a soen: „Hir Zukunft ass an der europäescher Famill“ –, dann hu mer e falsch Signal ginn.

Nach eng Kéier, Här President, merci fir déi Zoustëmmung. Merci och, et schéngt jo awer hei eng Motioun largement gedroen ze ginn, och vun der Oppositioun, an dat ass wichteg. Ech hunn nämlech gesinn, dass och Membere vun der Oppositioun déi Motioun ënnerschriwwen hunn, déi vum President vun der Commission des Affaires étrangères deposéiert ginn ass. Mir dierfen ...

*(Interruption)*

Vum President vun der Kommissioun, dem Yves Cruchten. Jo, jo, jo, mee en ass elo net do, dofir wollt ech en net nennen. Voilà, elo ass en hei!

*(Hilarité)*

Dofir wollt ech en net ernimmen, well ech weess jo, wéi d'Regie dann ass, da geet se den Här Cruchten sichen, fir en op d'Kamera ze huele fir op d'Télee ...

*(Hilarité)*

Dofir, elo kann ech et soen: dem Yves Cruchten merci, dass och déi Motioun eng breet Zoustëmmung hei fënnt. Déi Unitéit, déi am Moment eis Stäerkt ass an Europa, fir solidaire mat der Ukrain ze sinn, dierf net hei zu Lëtzebuerg net sinn. D'Stäerkt vun engem Land ass an deene Momenter, wou et drëms geet ze weisen, dass een zesummenhält. D'Ukrainer maachen dat. Europa mécht dat am Moment. Mir Lëtzeburger musse et och fäerdebréngen, dat ze maachen!

Iech e grouse Merci fir d'Ënnerstëtzung!

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmoos dem Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel. D'Diskusioun ass elo ofgeschloss.

**Motions**

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen, déi zu dëser Debatt deponéiert goufen.

**Motion 1**

Fir d'Éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Här Cruchten deponéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert

zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President. Ech wëll vläicht just widderhuelen, datt mer mat ville Saachen, déi an dëser Motioun sinn, d'accord sinn. Ech mengen, eis Differenzen hu mer virdrun an der Diskussioun scho kennen e bësse beschreiwen, wat d'Ukrain ugeet. Ech wëll betounen, datt mir e ganz staarkt Gewicht op d'Friddensverhandlungen an de Waffestëllstand leeën, datt mer einfach Aspekter hei an de Vierdergrond stellen, déi mer bei der Demarche vun der Regierungsmajoritéit a vun der CSV e bësse vermessen.

Mee ech wëll net nach eng Kéier elo op d'Ukrain speziell agoen. Ech wëll just nach eng Bemierkung maachen, well ech mengen, souwuel den Här Cruchten wéi och den Här Staatsminister haten iwwer Moldawien a Georgie geschwat. Jo, och bei hinne mussen mer Solidaritéit weisen. Si sinn eis no am Häerz. Si sinn eis geografesch no. Si brauchen eis Hëllef an eis Ennerstëtzung. Mee mir mussen och eng allgemeng Iwwerleeung féieren: Wou sinn d'Grenze vun der Europäescher Unioun? Wéi eng Länner kënnen mer wierklech enges Daags ophuelen a wéi eng kënnen mer net ophuelen?

Ech mengen, ier mer Perspektiven offréieren, ier mer Versprieche maachen, mussen mer grondsätzlech wëssen, wéi eng Zort vun Zukunft mer hinne wëllen offréieren. A mir mussen natierlech wëssen, datt an deenen zwee Staaten, souwuel a Moldawie wéi a Georgien, eng ganz Rei schwéierwiegend politesch an territorial Problemer existéieren. An ier mer deene Länner Versprieche maachen, misste mer mat hinnen zesummen, mat der OSZE a mat enger Rei vun aneren Organisatiounen, hëllefen, datt déi sougenannt „frozen conflicts“ eng Kéier net méi „frozen“ sinn, datt mer op eng Léisung kommen, op eng politesch Léisung, eng politesch Approche, an da kucken, wéi mer déi Länner och kënnen weider begleeten. Mee mir sollten net fréizäiteg Versprieche maachen, déi mer da warscheinlech net kënnen halen.

E leschte Kommentar nach, ech mengen, den Här Staatsminister hat dat och ukéngelooss, an ech mengen, d'Madamm Oberweis och an hirer Ried. Mir mussen oppassen, wa mer elo soen: „Mir maache keng Handelsbeziéunge méi mat Russland!“, an dofir gi mer bei Katar, Aserbaidjan an anerer, déi – soe mer mol – eis moralesch och gewësse Suerge maachen. Ech mengen, do sollte mer och eng Kohärenz hunn an eng gewësse Logik an eiser Approche. Wa mer verschidde Verhalensmuster bei Russland am Abléck kritiséieren – an dofir hu mer gutt Ursachen – a mir gesi bei anere Länner ganz änlech Mustere, da mussen mer oppassen, datt mer net zwee verschidde Gewiichter applizéieren.

D'Moral, wa se wëllt glafwierdeg sinn, muss nun emol e Standard kennen, an dat ass eist Engagement fir Mënschlechkeet. An dat dierfe mer net relativéieren an net a Fro stellen!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An dann huet den Här Claude Wiseler d'Wuert gefrot.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci, Här President. Ech wëll ufänken a soen, datt ech bei Russland net just e Verhalensmuster kritiséieren. Ech kritiséiere ganz aner Saache bei Russland wéi e Verhalensmuster. An ëmmer déi Gläichstellung, déi hei gemaach gëtt, fir ze innocentéieren respektiv erofzespillen, wéi Russland amgang ass ze maachen, fannen ech ... Ben, ech fannen d'Wuert net, fir et auszedrécken, ech hunn och keng Loscht, et ze fannen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Elo zur Motioun. Mir hunn dës Motioun matënnerschriwwen, well mer der Iwwerzeegung sinn, datt, wann den ukrainesche Präsident hei am Haus virun der Chamber schwätzt, et extreem wichteg ass, Solidaritéit auszedrécken an och als Lëtzebuerger Chamber en eenheetleche Message erauszeginn.

Dës Motioun ass – den Här Cruchten huet et gentil-erweis gesot – och zu engem groussen Deel déi selwecht wéi déi, déi ech virun enger Rei Wochen scho fir d'CSV-Fraktioun erabruucht hat, wat och zu engem groussen Deel déi selwecht war wéi déi, déi d'EU-Parlament mat enger absolut grousser Majoritéit zur Ofstëmmung bruecht huet an déi och déi sechs Lëtzebuerger Europadeputéiert matgestëmmt hunn.

Et si just – an déi Zäit ware mer eis och schonn net eens – eng Rei Punkten, déi elo anescht si wéi an där originaler Motioun, déi mir haten, an déi an eisen Aen da verännert gi sinn an och verwässert gi sinn. Ech wëll se just eng Kéier soen, well et fir eis wichteg ass, datt och eis kloer Positioun nach eng Kéier zum Virschäi kënnt.

Ech fannen hei éischters, datt de Statut vun dem Kandidat, fir an d'EU ze kommen, esou wéi dës Motioun geschriwwen ass, net méi esou kloer drasteet, well enfin de Statut de candidat à l'adhésion à l'Union européenne net méi hei steet. Et steet just do, mir sollten e „signal uni“ gi fir d'Aspiration européenne vun der Ukrain. An de Statut de candidat ass aus der Motioun erausgeholl ginn, contrairement zu deem, wat den Här Bettel d'ailleurs a senger Ried kloer gesot huet. An ech hunn dat appréciéiert.

Dat Zweet, dat ass, datt och den Term „Embargo“ eraus ass, an e partiellen an zäitversaten Embargo, deen ee jo och nach hätt kënnen mat deem Term draschreiwen, ass och net méi hei dran. Wat d'EU d'ailleurs elo selwer gemaach huet, andeems se en zäitversaten Uelegembargo am sechste Pak ugekënnegt huet, wat ech jo och zumindest an der Richtung richteg fannen.

Hei gëtt just geschwat vun „une prompte et complète indépendance“. Jo, eng Indépendance ass eppes anescht wéi en Embargo. Bei enger Indépendance protégéiers de dech. Bei engem Embargo méchs de ganz kloer och eng Aktioun, déi doranner géif bestoen, dass de Russland net méi géifs erlaben, nach iergendeen Euro ze kréien, fir seng Militärmaschinerie ze finanzéieren. Also trotzdeem e groussen Ennerscheed par rapport zu deem, wat mir virun e puer Wochen hei erabruucht hunn.

Ech wëll dem Staatsminister awer och nach äntweren op déi Ausso, déi e gemaach huet, wou e sot, wa mir hei géife fir en Embargo stëmmen, da kéint hien zu Bréissel net méi déi Fräiheet hunn, fir dee sechste Pak ze akzeptéieren.

Ech si fundamental enger anerer Meenung, wéi de Fonctionnement vun der Chamber an Är Méiglechkeet ass, Iech dann an dem Conseil auszedrécken. Wann d'Chamber hei eppes stëmmt, da freet se Iech, dohannen eppes ze verteidigen, da freet se Iech, eppes an dem Conseil ze froen. Wann Der mat engem anere Resultat erëmkommt, obwuel Der eppes gefrot hutt, obwuel Der Iech fir eppes agesat hutt, kënnt Der dat Resultat, wann et dat Bescht ass, wat Der erauskritt, selbstverständlech akzeptéieren. An Dir braucht net ze soen, mir kéinten dee sechste Pak net akzeptéieren, well d'Oppositioun et net géif wëllen. Op jidde Fall ass dat fir mech ganz, ganz kloer. Dat, wat mir gär vun Iech hätten, dat ass, datt Dir Iech dofir asetzt. Net méi, net manner! An dat ...

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Très bien!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | ... wollte mer kloer an däitlech zum Ausdruck bréngen.

(Interruption)

Den Här Cruchten huet et virdru ganz léif gesot, an dat zielt och fir déi hei Missioun: Et muss ee sech heiansdo decidéieren, wann e Glas hallef voll ass oder hallef eidel, ob een do seet, et wär hallef voll oder et wär hallef eidel.

Haut, bei där Motioun, Här Cruchten, soe mir: Mir huelen dat hallef vollt, dat, wat haut am Glas ass, a mir stëmme se mat. Mee mir soen awer hannendrun: Mir halen awer net op, bis d'Glas da ganz voll ass!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Wiseler. Den Här Staatsminister.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Ech hu just eng technesch Fro. Fir mech ass et net onwichtig ze wëssen ... an ech weess, et ass net üblech, dass d'Regierung der Chamber Froe stellt, mee et ass fir mech nämlech wichteg: Mir waarden op en Avis vun der Kommissioun fir d'Kandidature vun deenen dräi Länner. Dir sot eis, mir sollen elo direkt soen, dass mer derfir sinn. Dat heescht, wann d'Kommissioun och Nee seet, ass d'CSV dann der Meenung, dass mer awer solle „passer outre“ maachen an derfir sinn?

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Wiseler.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech mengen, Här Staatsminister, Dir hutt dem Här Selenskyj virdrun am Numm vun der Regierung e kloert Versprieche gemaach, wat ka geschéien. Mir stinn hannert deem Verspriechen!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Nee. Dat, wat ech gesot hunn, ass net dat, wat Dir gesot hutt! Ech hu gesot, dass, wa Konditioune wieren, d'Regierung géif alles maachen, fir dass déi Konditioune kënnen erfëllt ginn.

Dir sot, dass mer elo scho mussen fir de Kandidatstatut sinn. Ech soe just, dass mir op den Avis vun der Kommissioun waarden. Dat ass och dat, wat ech virdru gesot hunn. Dir hutt virdru ...

(Interruption)

... gesot, Dir wäert der Meenung, mir missten deen direkt accordéieren, ...

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Nee, nee, nee.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | ... an dowéinst wier dat méi nuancéiert.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Här Bettel, Dir ...

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Ech wëll just wëssen, wat d'Positioun ass, fir dass ech dat awer ...

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech hunn ëmmer Schwie-regkeeten ... Haaptsächlech an esou Diskussiounen wéi där heiter, wat awer seriö Diskussiounen sinn, hätt ech och gär, datt mer se seriö géife féieren an datt Der géift nolauscheren, wat mer gesot hunn.

Dat, wat mir an der Motioun virun dräi Woche scho gefrot hunn, wat mer och haut gefrot hunn, dat ass, datt d'Lëtzebuerger Regierung sech soll asetzen, fir der Ukrain d'Méiglechkeet ze ginn, esou schnell wéi méiglech, ënnert deene Reegelen, déi hei sinn, e Statut de candidat kënnen ze kréien. Et ass dat, wat mer gesot hu ...

(Interruption)

... virun dräi Wochen, wat mer och haut gesot hunn.

(Interruption)

An dofir ënnerstëtze mer Iech och.



Et ass d'ailleurs net méi nuancéiert. Et ass dat, wat mer ëmmer genau d'selwecht gesot hunn. An et ass och am Text vum Europaparlament an an eiselem Text schrëftlech kloer esou festgehalen, soudatt een et net kann anescht verstoen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Wiseler. Dann huet den Här Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, mir hunn d'Motioun matënnerschriwwen, well ech géif souguer e bësse méi optimisteschen si wéi d'CSV a soen: Et ass net nëmmen e Glas, wat hallef voll ass, mee d'Glas ass vläicht souguer zu zwee Drëttel voll. Aus deem ganz einfache Grond, well awer e puer Aspekter dra sinn, wouriwwer op internationalem Plang awer nach gestridde gouf. An net méi spéit wéi dëse Weekend gouf nach ënnert de Parlamenten vun den NATO-Partner dach awer ferm driwwer diskutéiert, wat dann d'Zil vun dem Support un d'Ukrain soll sinn.

An ech mengen, dat ass jo och hei erauskomm: Ass et d'Ukrain an hirer territorialer Integritéit? Ass et iergendeng Grenz, déi gezu gëtt? Schlussendlech gouf sech no laangen Diskussiounen, wéi och an dëser Motioun, drop géeneegt, fir d'Totalitéit vum „territoire ukrainien internationalement reconnu“ dranzeschreiwen. An ech mengen, dass dat e ganz wichtige Saz ass, e ganz wichtegt Signal och fir eisen ukrainesche Partner, dass mer se u sech doranner ënnerstëtzen, dat ze bleiwen, wat se sinn, oder respektiv dat, wat se virun 2014 waren, nämlech eng Ukrain.

An ech mengen, dass et ganz geféierlech wier, wa mir elo géifen hei quasi um grénge Dësch entscheeden, wéi an Zukunft d'Grenzen vun engem Land solle gezu ginn. Mir hu ganz am Ufank vun dësem Konflikt gesot: „Mir müssen aus deem Denke vun Aflossphären erauskommen.“ An et ass net u Russland, eis virzeschreiwen, awéiwäit d'Ukrain därer op hirem eegenen Territoire eppes maachen. Et ass net un eis, de Russe virzeschreiwen, wat si op hirem Territoire maachen. Mee genausou wéineg ass et un hinnen, der Ukrain virzeschreiwen, wat se ze maachen huet. An deementspriedend ass et wichtig, dass déi Integritéit vum Territoire hei akteiert gëtt.

An dat Zweet, an ech mengen, dass ass dee véierte Constat, dee mer maachen, respektiv wou mer eis Colère ausdrécken iwwer d'Atrocitéiten: „viol et l'écoulement de civils, les déplacements forcés, le pillage et le ciblage d'infrastructures civiles“. Ech muss éierlech soen: Wann d'Glas ganz voll wär, géif hei warscheinlech stoen: „de Genozid un der ukrainescher Populatioun“. Wa mer héieren, wat a Mariupol gemaach gëtt, wou an de Schoulen d'ukrainesch Bicher verbrannt ginn, wou d'Wëssen iwwer d'ukrainesch Geschicht zerstiéiert gëtt – bewusst zerstiéiert gëtt! – vum russeschen Occupant, da si mer ganz no, wann net op der Grenz vum Genozid.

Ech mengen, dass fir déi Motioun do d'Glas zwee Drëttel voll ass an dass mer hei e ganz kloer Statement maachen, dass hei Krichsverbrieche geschéien. Déi sinn esou gutt dokumentéiert wéi a kengem anere Krich. Do ass guer keen Doute drun, dass et se gëtt. Et ass just nach en Doute drun, wien ultimement responsabel ka gemaach ginn.

Dat sollt wa méiglech net den aarmen, klengen Zaldot sinn, deen ënner virgehalener Waff gezwonge gouf, do iwwer eng Grenz ze goen, mee dat sollten de préférence déi Leit sinn, déi d'Befeeler ginn hunn. Well déi hunn dat ganz bewusst gemaach, si woussten, wat e Krichsverbrieche ass. Ob den aarme Wehrdréngschtleeschenden dat ëmmer sou wosst, weess ech net. Wann een héiert, dass se an der Ukrain souguer Toilett klauen, well se aus Dierfer a Russland kommen,

wou et nach net emol Toiletten oder fléissend Waasser gëtt, da muss ech soen, hunn ech meng Douten, ob se wierklech eng Formatioun an internationalem Recht kruten.

Dat gesot, mengen ech, dass dat hei net dat lescht Wuert zu där Fro wäert sinn an dass mer héchstwahrscheinlech, wann d'Beweiser méi däitlech ginn, och nach eng Kéier mussen op d'Terminologie zrëckkommen.

Mee mir wäerten dat hei mat ganzem Härzen ënnerstëtzen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement. An da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Merci, Här President. Merci och dem Yves Cruchten fir dës Motioun. Ech hu se gutt gelies, a mir si mat bal allem averstanen. Dir wësst et, ech hunn iwwerall en Hoke gemaach. Mir kënnen alles matdroen. An et ass ëmsou méi schued fir eis, muss ech éierlech soen, dass mer se net kënnen matdroe wéinst eeben deem éischten Invite, deen zu de Waffeliwwerungen.

An Dir wësst eis Positioun dozou. Et deet mer leed, ech mengen, mir hunn, wéi ech virdru gesot hunn, verschidden Approchen, wéi dat eeben ass tëscht politesche Parteien. An eis feelt natierlech och all Hiweis op diplomatesch Efforten.

Ech muss soen, mir deelen d'Indignatioun, d'Roserei, den Accueil vun de Flüchtlingen, d'humanitär Hëllef, ech mengen, dass ass alles extreem wichtig. An ëmsou méi schwéier ass et – an ech soen et ganz kloer –, et net kënnen matzedroen, well eeben all Hiweis feelt op diplomatesch Efforten, well mer wierklech iwwerzeegt sinn, wéi ech virdru gesot hunn, dass all Krich mat engem Friddensaccord iergendwann endegt. An den Här Selenskyj huet et selwer eemol gesot.

De Friddensaccord gëtt awer ëmmer mat sengem Géigner ënnerschriwwen, mat sengem Feind. An egal wéi vill ee säi Feind, säi Géigner haast an net wéilt mat em engem Dësch setzen, ass dat à long terme den eenzege Wee eraus. An dofir menge mir, dass et wierklech extreem wichtig ass – an et ass dat, wat ech wëll soen –, déi Perspektiv anzehuele vum Waffestëllstand, d'Konditiounen ze kreéieren, wéi den Här Asselborn et déi leschte Kéier hei gesot huet, vun engem Waffestëllstand.

Mir si grad net an där Perspektiv. A mir mengen, dass een eeben dee Wee misst aschloen. A leider ass et eeben esou, et kënn een net eraus ouni säi Géigner, mee nëmme mam Géigner.

Merçi.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis. An da geet d'Wuert un den honorablen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Jo. Villmools merci all deenen, déi dës Motioun wäerten ënnerstëtzen. De Kollege vun der Demokratescher Partei, de Kollege vun de Grénge an och de Kollege vun der CSV an de Piraten merci dofir!

Ech hunn d'Madamm Oberweis gutt verstanen, an ech weess och genau, wat se mengt. Si wäert jo frou gewiescht, déi Motioun hei matzedroen. Si kënnen se net matdroen, well se fundamental dergéint sinn, dass Waffe geliwwert ginn an d'Ukrain. Mee ech sinn einfach der fester Iwwerzeegung, wa mer dat net géife maachen, da wäeren d'Wierfelen an der Ukrain haut scho längst gefall!

Dem Här Kartheiser géif ech gäre soen ... Hien huet jo elo hei geschwat vun den europäesche Grenzen, dass

mer eis missten eens ginn driwwer, wat da vläicht an Zukunft eng Kéier zu Europa gehéiert a wat net. Also, déi Fro, déi mir dann ëmmer an de Kapp kënn, ass déi: Wat fir eng Perspektiv kënnen mer dann deene Länner bidden, deene mer net kënnen eng Perspektiv bidden, fir hiren europäesche Bestriewungen nozekommen? Wat bleift dann do nach Rescht? U wie wenden déi sech? Wat maachen déi? Zemoos déi Länner, déi och nach komplett zu dem geografischen Europa gehéieren. An déi Fro ka kee mer beäntweren. An dofir deelen ech déi Aschätzung do net.

Mee ech soen nach eng Kéier villmools Merci fir déi Motioun. An ech mengen, dass dat heiten e staarkt Signal vu Solidaritéit ass un den Här Selenskyj an un d'Vollek vun der Ukrain.

Merçi.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Cruchten. An da freet den Här Kartheiser nach eng Kéier kuerz d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo. Ech wollt just reagieren op dat, wat den Här Cruchten gesot huet. Ech mengen, mir brauchen einfach institutionell Fantasie. Mir hunn net nëmmen d'Europäesch Unioun als Modell. Mir haten et och fréier, dass d'Europäesch Unioun mat enger Fräihandelszon EFTA nieftene bestanen huet. Dat heescht, mir kënnen deene Länner Perspektiven a Méiglechkeete gi vun Entwécklung, vun Zesummenaarbecht, mat Associatiounen an anere Weeër, wat awer zum Beispill net onbedéngt heescht, dass se musse volle Member an enger Europäescher Unioun ginn.

Mir sinn eis eens, Här Cruchten, an deem Sënn, dass mer déi Länner net därer Lénks leie loossen, net ouni Perspektiv, net an Allianzen drängen, wou se net wëllen hin. Dat ass alles evident. Awer mir müssen einfach wëssen: Wat wëlle mer als Europäesch Unioun definéieren, mat eisen Institutiounen? A wat kënnen mer maachen, fir aneren awer ze hëllefen, an enger méi breet geduechter europäescher Perspektiv?

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. Ech mengen, da kënnen mer elo zum Vott iwwer dës Motioun kommen.

### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss. Ech gesinn näischt!

(Hilarité et brouhaha)

A, elo! Mat 54 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmme a 4 Abstentionen ass dës Motioun ugehol.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Paul Galles), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Octavie Modert), Mme Viviane Reding (par M. Léon Gloden), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par Mme Carole Hartmann), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Dan Biancalana), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo,

*Mme Cécile Hemmen (par M. Yves Cruchten), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard (par Mme Jessie Thill), Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par Mme Stéphanie Empain) et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

### **Motion 2**

Da kéime mer zu der Motioun, déi vum Här Fernand Kartheiser deposéiert ginn ass. Wëllt nach een zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo. Merci, Här President. Ech maachen et ganz kuerz. Luewenswäert allegueren d'Bestriewunge fir Friddensverhandlungen an esou weider an esou fort, selbstverständlech, do si mer bei Iech!

Mee firwat mer déi Motioun hei ënner guer kengen Ëmstänn kënnen akzeptéieren, dat ass, well eigentlech hei gefuerdert gëtt – an dat ass jo och Är Position –, dass keng Sanktioun solle gesprach ginn. An dat kënnen mir natierlech net matdroen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. D'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo. Merci, Här President. Och merci fir dës Motioun dem Här Kartheiser.

Et ass och do elo erëm viles, wat mer gutt fannen, also de Friddenseffort, d'Friddensperspektiv. Mee de Fait, dass d'Sanktiounen awer esou gesi ginn, dass se net dierfe wéidoen, domat hu mer och Problemer. Well mer scho mengen, dass et Leit gëtt, déi hei definitiv méi leide wéi mir, an dass dat awer trotzdeem eist Haaptuleies sollt sinn. An dofir kënnen mir dat esou net matdroen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. Ech mengen, da kéime mer elo zum ... Nee, den Här Fernand Kartheiser nach als Auteur.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo. Villmools merci. Ech wollt emol fir d'éischt dem Här Cruchten an der

Madamm Oberweis Merci soen, dass se eis ënnerstëtzen an de Bestriewunge fir Friddensverhandlungen a Waffestëllstand. Ech fannen, dat ass schonn eng ganz gutt Saach! Do si mer ...

(Brouhaha)

... méi wäit, wéi mer hei de 17. Mee bei eiser leschter Diskussioun waren. Also, ech muss wierklech soen, dass mer eis doriwwer freeën.

(Interruption)

Bei de Sanktiounen wëll ech awer och vläicht eppes soen. Ech mengen, dat ass scho ganz wichteg, well mer e puermol gesot hunn, dass déi Sanktiounspolitik, déi mer elo féieren, kee Krichsafloss kann ausüben. Et ass net weinst deene Sanktiounen, déi mer bis elo geholl hunn oder déi am Gespräch sinn – déi, déi am Abléck nach an der Diskussioun sinn, do gëtt et jo nach eng gewëssen Onsécherheet beim sechste Pak –, wou mer de Krich op en Enn kréien.

Dee Krich ass warscheinlech relativ séier a senge militäreschen Ausféierungen eriwuer. An dann hu mer ganz aner Problemer. Mee wat mir ëmmer soen, dat ass, dass mer eis musse bewosst sinn, dass Sanktiounen, déi zwar keen Afloss op de Krich hunn, awer en immensen Afloss op eis Ekonomie, op d'Wuel vun eise Leit hei am Land, sënnslos sinn.

Mir hunn am Abléck hei eng Inflatoun vun ... ech mengen, de Moien an der Zeitung stoung 9,1 % zu Lëtzebuerg, wann ech mech net ieren. D'Kolleege kënnen mech korrigéieren. 9 % Inflation! Präisser op der Pompel, déi ewell méi héich si wéi an Däitschland! Ech weess, dass mer warscheinlech awer alleguer heibanne probéieren, sozial ze denken. A wa mer gesinn, dass d'Leit elo schonn enorm Problemer hunn, a wa mer wëssen, wat mat de Sanktiounen, wéi notament d'CSV se hei fuerdert – direkt en Embargo an esou weider, an den Här Wiseler huet dat elo nach eng Kéier widderholl, wéi seng Vuen do sinn, an ech respektéieren dat –, d'Konsequenze wäert fir d'Leit, mat där Politik, déi d'CSV proposéiert, dann hu mer ganz vill Leit, déi den nächste Wanter net kënnen hëtzen!

Mir wëllen dat net. A mir wëllen et net, well et einfach sozial Häert weist. A mir wëllen dat net, well et keen Afloss op de Krichsverlaf huet. An dofir soe mir: Eng sënnslos Politik ass mat der ADR net ze maachen! Dofir soe mir: Esou Sanktiounen wëlle mir net!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser.

**M. Roy Reding** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Da kënnen mer elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

### **Vote sur la motion 2**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 54 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Paul Galles), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par M. Félix Eischen), Mme Viviane Reding (par Mme Octavie Modert), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Martine Hansen), Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusti Graas), MM. Frank Colabianchi (par M. Gilles Baum), Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Claude Lamberty), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Dan Kersch), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Yves Cruchten), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Dan Biancalana) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard (par M. Marc Hansen), Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Jessie Thill), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par Mme Stéphanie Empain) et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung si fir de 7., 8. an 9. Juni virgesinn.

D'Sitzung ass opgeheween.

(La séance publique est levée à 12.55 heures.)

## **56<sup>e</sup> séance**

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Marc Spautz, Vice-Président

### **Sommaire**

- 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 23**  
M. Fernand Etgen, Président
- 2. Communications ..... p. 23**  
M. Fernand Etgen, Président
- 3. Ordre du jour ..... p. 24**  
M. Fernand Etgen, Président | Mme Martine Hansen | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

- 4. Octroi d'un titre honorifique à une ancienne fonctionnaire de l'Administration parlementaire ..... p. 24**  
M. Fernand Etgen, Président
- 5. Heure de questions au Gouvernement ..... p. 24**  
M. Fernand Etgen, Président
- 6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser ..... p. 24**  
Exposé : M. Fernand Kartheiser



## 7. Heure de questions au Gouvernement (suite) ..... p. 24

**Question n° 323 du 7 juin 2022 de Mme Diane Adehm relative à l'annonce du lancement d'un TGV direct respectivement des trains de nuit entre Paris et Berlin fin 2023, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics ..... p. 24**

Mme Diane Adehm | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 324 du 7 juin 2022 de M. Claude Lamberty relative à l'éligibilité des conseillers communaux en relation avec leur lieu de résidence habituelle, adressée à Mme la Ministre de l'Intérieur ..... p. 25**

M. Claude Lamberty | Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur

**Question n° 325 du 7 juin 2022 de M. Fernand Kartheiser relative au traité international sur la prévention des pandémies de l'OMS, adressée à Mme la Ministre de la Santé ..... p. 26**

M. Fernand Kartheiser | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

**Question n° 326 du 7 juin 2022 de Mme Francine Closener relative au port obligatoire d'un casque de vélo, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics ..... p. 27**

Mme Francine Closener | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 327 du 7 juin 2022 de M. Spautz relative à la situation des travailleurs frontaliers avec la fin au 30 juin 2022 des accords dérogatoires conclus en matière de télétravail avec la France, la Belgique et l'Allemagne, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale ..... p. 28**

M. Marc Spautz | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale

**Question n° 328 du 7 juin 2022 de Mme Stéphanie Empain relative à la rémunération des services du CGDIS lors de grands événements sportifs, adressée à Mme la Ministre de l'Intérieur ..... p. 28**

Mme Stéphanie Empain | Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur

**Question n° 329 du 7 juin 2022 de M. Gilles Roth relative à l'exécution des arrêts de la Cour administrative du 19 mai 2022 (n° du rôle 47069C et 47070C), adressée à Mme la Ministre de l'Intérieur ..... p. 29**

M. Gilles Roth | Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur | M. Gilles Roth | Mme la Ministre Taina Bofferding (interventions de M. Dan Kersch)

**Question n° 330 du 7 juin 2022 de M. Carlo Weber relative aux infrastructures pour les chauffeurs de bus, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics ..... p. 30**

M. Carlo Weber | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

## 8. Question écrite n° 6126 de Mme Martine Hansen relative au système de réservation pour le transport CAPABS ..... p. 30

Mme Martine Hansen | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

## 9. Interpellation de M. André Bauler au sujet de la protection du patrimoine culturel immatériel ..... p. 31

Exposé : M. André Bauler

Débat : M. Georges Mischo | Mme Lydia Mutsch | Mme Djuna Bernard | M. Fred Keup (dépôt de la motion 1) | M. Sven Clement (intervention de M. André Bauler)

Prises de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | M. Georges Mischo (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Meisch

Motion 1 : Mme Djuna Bernard | M. Sven Clement | Mme Nathalie Oberweis | M. Georges Mischo

Vote sur la motion 1 (rejetée)

## 10. Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser ..... p. 41

Exposé : M. Fernand Kartheiser

## 11. 7452 – Projet de loi sur la gestion et le recouvrement des avoirs saisis ou confisqués et modifiant :

1° le Code pénal ;

2° le Code de procédure pénale ;

3° la loi modifiée du 5-15 septembre 1807 sur le privilège établi au profit du Trésor public pour le remboursement des frais de justice en matière criminelle, correctionnelle et de police ;

4° la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ;

5° la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de

– la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

– la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;

– la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;

– la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;

– la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions et des cotisations d'assurance sociale ;

6° la loi modifiée du 25 mars 2020 instituant un système électronique central de recherche de données concernant des comptes de paiement et des comptes bancaires identifiés par un numéro IBAN et des coffres-forts tenus par des établissements de crédit au Luxembourg en vue de la transposition :

– de la décision 2007/845/JAI du Conseil du 6 décembre 2007 relative à la coopération entre les bureaux de recouvrement des avoirs des États membres en matière de dépistage et d'identification des produits du crime ou des autres biens en rapport avec le crime ;

– de certaines dispositions de la directive 2014/42 du Parlement européen et du Conseil du 3 avril 2014 concernant le gel et la confiscation des instruments et des produits du crime dans l'Union européenne ;

– de la directive (UE) 2019/1153 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 fixant les règles facilitant l'utilisation d'informations financières et d'une autre nature aux fins de la prévention ou de la détection de certaines infractions pénales, ou des enquêtes ou des poursuites en la matière, et abrogeant la décision 2000/642/JAI du Conseil ..... p. 42

Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue

Discussion générale : M. Laurent Mosar | Mme Carole Hartmann | Mme Cécile Hemmen | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | M. Laurent Mosar (parole après ministre) | Mme la Ministre Sam Tanson

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7452 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert et M. François Bausch, Vice-Premiers Ministres ; M. Claude Meisch, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferding et M. Claude Haagen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.02 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Nee, Här President.

## 2. Communications

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert a vum Rôle gestrach gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

### Communications du Président – séance publique du 7 juin 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

8007 – Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales ;

2° de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ;

3° de la loi modifiée du 24 mai 2011 concernant l'exercice de certains droits des actionnaires aux assemblées générales de sociétés cotées et portant transposition de la directive 2007/36/CE du Parlement européen et du Conseil du 11 juillet 2007 concernant l'exercice de certains droits des actionnaires de sociétés cotées ;

4° du Code civil

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 17/05/2022

8009 – Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 29 avril 1983 relative à l'exercice de la profession de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire ;

2° de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ;

3° du Code de la sécurité sociale

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 23/05/2022

8010 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 23/05/2022

8011 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant réorganisation des instituts culturels de l'État

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture, le 23/05/2022

8000A – Projet de loi portant transposition de certaines mesures prévues par l'« Accord entre le Gouvernement et l'Union des Entreprises luxembourgeoises et les organisations syndicales LCGB et CGFP » du 31 mars 2022 et modifiant :

1° le Code de la sécurité sociale ;

2° le titre I<sup>er</sup> de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

3° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

4° la loi modifiée du 24 juillet 2014 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures ;

5° l'article 3, paragraphe 7, de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

6° la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant modification 1. du Code de la sécurité sociale ; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant ;

7° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale

Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 24/05/2022

8000B – Projet de loi relative à une subvention de loyer

Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 24/05/2022

8012 – Projet de loi portant création de l'Institut national des langues Luxembourg et

1° modification de la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise ;

2° abrogation de la loi modifiée du 22 mai 2009 portant création

a) d'un Institut national des langues ;

b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise

Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 30/05/2022

8013 – Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire ;

2° de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé ;

3° de la loi modifiée du 14 juillet 2015 portant création de la profession de psychothérapeute

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 30/05/2022

8014 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la protection internationale et à la protection temporaire

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, le 30/05/2022

8015 – Projet de loi portant modification :

1° du Code pénal ;

2° du Code de procédure pénale

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 31/05/2022

8016 – Projet de loi portant modification :

1° du Code du travail ;

2° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

3° de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux, en vue de la transposition de la directive (UE) 2019/1158 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 concernant l'équilibre entre vie professionnelle et vie privée des parents et des aidants et abrogeant la directive 2010/18/UE du Conseil

Dépôt : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 02/06/2022

8017 – Projet de loi portant modification du Code du travail et de l'article 28-5 de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État

Dépôt : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 02/06/2022

8018 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 juin 2020 portant introduction de certaines mesures temporaires relatives à l'application de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, le 02/06/2022

8019 – Projet de loi visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine

Dépôt : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 02/06/2022

8020 – Projet de loi portant adaptation des dispositions relatives aux mesures d'urgence dans le cadre de la sécurité d'approvisionnement en électricité et en gaz naturel et modifiant

1° la loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel ;

2° la loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité

Dépôt : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 03/06/2022

3) Le projet de loi suivant a été retiré du rôle des affaires :

7984 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant réorganisation des instituts culturels de l'État

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture, le 29/03/2022

Retrait du rôle des affaires : 23/05/2022

4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2333 – Demande de pétition publique : Changéiert de Numm vun der Strooss „Charles Martel“ op „Rue Volodymyr Zelensky“

Dépôt : M. Christian Thalacker, le 16/05/2022

2334 – Demande de pétition publique : Annulation temporaire des taxes sur le diesel et l'essence

Dépôt : M. Davide Savini, le 17/05/2022

2335 – Demande de pétition publique : Verbesserte finanzielle Unterstützung für Pflegebedürftige

Dépôt : Mme Conny Myriam Marguerite Graff, le 18/05/2022

2336 – Demande de pétition publique : Congé pour règles douloureuses : permettre aux femmes souffrant de règles douloureuses de mener à bien leurs activités quotidiennes

Dépôt : M. Sylvain Mukadi, le 19/05/2022

2337 – Demande de pétition publique : Méi streng Strofe bei der Iwwerschreidung vun der Vitesse an den Uertschaften an och an den 30er-Zonen

Dépôt : M. Stéphane Hamm, le 20/05/2022

2338 – Demande de pétition ordinaire : Notverlängerung der Frist für die Unterschrift der 2. Phase des Verfahrens der luxemburgischen Staatsangehörigkeit, Art. 89 des Gesetzes vom 8. März 2017 aufgrund der Reiseeinschränkungen wegen COVID-19

Dépôt : Mme Liana Ventura Gerent, le 23/05/2022

2339 – Demande de pétition ordinaire : Revue des forfaits dans la déclaration d'impôt

Dépôt : M. Jean-François Bigonville, le 23/05/2022

2340 – Demande de pétition publique : Vignette de circulation

Dépôt : M. Marco Ferreira, le 24/05/2022

2341 – Demande de pétition publique : Ofschafe vum Panachage bei de Chamberwalen

Dépôt : M. Alain Jean Loup Grosch, le 25/05/2022



**2342 – Demande de pétition publique :** *Rehkitztod bei der Grasernte durch obligatorische Wärmesensoren an Rotormähern vom Typ Schmetterling stoppen*

Dépôt : M. Alex Carneiro, le 27/05/2022

**2343 – Demande de pétition publique :** *Stopp vun de stännege Präisännerunge vum Bensinn & Diesel*

Dépôt : Mme Linda Klaes, le 28/05/2022

**2344 – Demande de pétition publique :** *Systematische und massive Kriegsverbrechen sowie Verbrechen gegen die Menschlichkeit in der Ukraine / Crimes de guerre systématiques et massifs et crimes contre l'humanité en Ukraine*

Dépôt : M. Adrian Florin Nicula, le 29/05/2022

**2345 – Demande de pétition publique :** *Pour une semaine de 35 heures de travail à temps plein*

Dépôt : M. Gauthier Vandewoestyne, le 29/05/2022

**2346 – Demande de pétition ordinaire :** *Völkermord in der Ukraine*

Dépôt : M. Adrian Florin Nicula, le 29/05/2022

**2347 – Demande de pétition publique :** *Bataillon Azov comme organisation terroriste*

Dépôt : M. Killian Moutinho Pinto, le 31/05/2022

**2348 – Demande de pétition publique :** *Interdiction des bruits de voisinage les dimanches et jours fériés*

Dépôt : M. Fabio Piticco, le 31/05/2022

**2349 – Demande de pétition publique :** *Renommer une partie de la rue Cyprien Merjai (où se trouve l'ambassade de Russie) en rue d'Ukraine pour la paix en Europe*

Dépôt : Mme Vladyslava Kovbasa, le 31/05/2022

**2350 – Demande de pétition publique :** *Prime fir den Travailleur désigné – Fachkraaft fir Aarbechtssicherheit*

Dépôt : M. Jean Marie Gansen, le 31/05/2022

**2351 – Demande de pétition publique :** *Kitzrettung*

Dépôt : M. Pascal Hoffmann, le 31/05/2022

**2352 – Demande de pétition publique :** *Proposition d'une nouvelle déduction fiscale pour la pratique d'une activité sportive*

Dépôt : M. Benjamin Peric, le 04/06/2022

**2353 – Demande de pétition publique :** *Lëtzebuergesch Awunner müssen op 3-mol oder 4-mol am Internet kënnen bezuelen, an dat duerch lëtzebuergesch baséiert Finanzgewerkschaften (wéi et an Däitschland a Frankräich de Fall ass)*

Dépôt : M. Mickael Card, le 04/06/2022

**2354 – Demande de pétition publique :** *Ofschafe vun de Parteien an der Politik*

Dépôt : Mme Claire Gutenkauf, le 05/06/2022

**2355 – Demande de pétition publique :** *Extinction de l'éclairage public en zone peu ou pas fréquentée la nuit (principalement en dehors des centres urbains)*

Dépôt : M. Michel Premont, le 05/06/2022

**2356 – Demande de pétition publique :** *Prise en charge des frais de justice des citoyens par l'État*

Dépôt : M. Michel Premont, le 05/06/2022

**2357 – Demande de pétition publique :** *Arrêt des aides militaires et militaires à l'Ukraine et des sanctions contre la Russie*

Dépôt : M. Michel Premont, le 05/06/2022

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, sou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

D'Madamm Hansen freet d'Wuert.

**Mme Martine Hansen (CSV) | Jo.** Merci, Här President. Ech hunn nogekuckt, mat de Question-parlementairen, bei deenen den Delai dépasséiert ass: Mir hunn der zu dësem Zäitpunkt, mengen ech, nach aacht Stéck, bei deenen de Mount schonn eriwuer ass an déi nach ëmmer net beäntwert gi sinn. Dat ass eppes, wat wierklech ganz dacks virkënnt. Mir géifen déi Froen natierlech och gären elo stellen. A mir wärend och frou, wann Der e Rappel géift maachen un d'Regierung, datt se eis d'Äntwerte solle mat Zäit eraginn, wannechgeleft.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Hansen.** Ech géif direkt dem Här Bausch d'Wuert ginn.

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo,** Här President. Ech wollt mech formell bei der Madamm Hansen duerfir entschëllegen, datt net am Delai geäntwert ginn ass. Ech weess elo net, wat fir eng et sinn. An ech géif Iech awer och verspriechen, datt ech nach eng Kéier de Rappel maachen, datt d'Fro sullen ënnerhalb vun engem Mount beäntwert ginn.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Bausch.** Eis Servicer wäerten nichtsdestotz direkt probéieren, déi verschidde Ministeren ze kontaktéieren, déi dann do hirem Délai de réponse net nokommen, fir ze kucken, wéi a wat.

### 4. Octroi d'un titre honorifique à une ancienne fonctionnaire de l'Administration parlementaire

Opgrond vun der Decisioun vum Bureau vun der Chamber an nom Artikel 43 vum Beamtestatut vun der Chamber gëtt der Madamm Rita Brors, Conseillère, déi d'Administration parlementaire pensiounshallwer verlooss huet, den Eierentitel vun hire Funktiounen zouerkannt.

**Plusieurs voix | A!**

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président | Mir** soen der Madamm Brors villmools Merci fir all hir Déngschter bei der Chamber a mir géifen hir eng zefridden a laang Pensioun wënschen!

(Applaudissements)

### 5. Heure de questions au Gouvernement

Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. De Froesteller huet zwou Minutten Zäit, fir seng Fro ze stellen, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir drop ze äntweren.

### 6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser

Fir d'éischt awer géif ech nach dem Här Fernand Kartheiser d'Wuert gi fir den Depot vun enger Proposition de loi. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

**M. Fernand Kartheiser (ADR), auteur | Villmools** merci, Här President. Dat geet och relativ séier, mee

et ass e wichtege Problem. Dir wësst, datt bei der Police scho méi laang e Personalproblem besteet an deem Sënn, datt d'Leit, déi eng Première hunn, nach ëmmer an enger Karriär ënnert där normaler B1 aklasséiert sinn.

Mir haten hei schonn e puermol driwwer geschwat. Et ass nach net vill geschitt an där Richtung, duerfir hu mer elo déi Proposition de loi hei formuléiert, déi hoffentlech der Regierung hëlleft, do méi séier Léisungen ze fannen.

An an deem Sënn wëllt ech den Depot hei maachen. Villmools merci.

**8024 – Proposition de loi portant reclassement de certains membres du cadre policier du groupe de traitement C1, détenteurs d'un diplôme de fin d'études secondaires ou d'un diplôme reconnu comme équivalent par le Ministère de l'Education Nationale**

**M. Fernand Etgen, Président | Merci** villmools, Här Kartheiser.

### 7. Heure de questions au Gouvernement (suite)

An da komme mer bei déi éischt Fro, d'Fro Nummer 323 vun der Madamm Diane Adehm un den Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten iwwert d'Ukënnegung vun engem direkten TGV respektiv vun den Nuetszich tëschent Paräis a Berlin fir Enn 2023. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 323 du 7 juin 2022 de Mme Diane Adehm relative à l'annonce du lancement d'un TGV direct respectivement des trains de nuit entre Paris et Berlin fin 2023, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**Mme Diane Adehm (CSV) | Merci, Här President.** Dir Dammen an Dir Hären, de 24. Mee huet de Patron vun der franséischer SNCF annoncéiert, zesumme mat der Däitscher Bunn bis Enn 2023 eng Héichgeschwindekeetsstreck tëschent Paräis a Berlin opzemaachen.

Den Tracé soll iwwer Stroosbuerg, Frankfurt a Richtung Berlin goen an op dëser Streck soll ausserdeem Enn 2023 och en Nuetszuch zirkuléieren. Mat dësem Projet ginn deemno zwou europäesch Haaptstied op eng séier an och nohaltege Manéier matenee verbonnen.

Eis fält awer op, dass eng aner europäesch Haaptstad, nämlech Lëtzebuerg, keng Roll an dësem neien Tracé ze spille schéngt. Generell gesinn ass eis Eisebunnvernetzung mat deenen aneren europäeschen Haaptstied nach ëmmer net zefriddestellend.

Den Uschloss un den TGV Richtung Paräis, an domadder och Richtung Stroosbuerg, ass sécher eng gelonge Saach. Et muss eis awer dru geleeë sinn, d'Eisebunnstreck op Bréissel, den Eurocap-Rail, endlech mat Liewen ze fëllen.

D'Muselstreck iwwer Tréier op Koblenz, an den domadder verbonnenen Uschloss un den däitschen ICE-Reseau zu Saarbrécken, geet leider och net esou séier viru wéi geplangt.

Ëmmer méi Leit wëllen awer op den effentlechen Transport ëmklammen. Leider sinn eis Interconnectionen mat dem auslänneschen Héichgeschwindekeetsresau awer nach ëmmer net zefriddestellend. Och hei sinn déi héich Ticketspräisser fir dës Zuchlinnen nach ëmmer oninteressant, zemoos wann een déi héich Energiepräisser a Betruecht zitt.

Wichtig ass awer an eisen Aen, dass Lëtzebuerg als ee vun de Sätz vun den EU-Institutionen net den

Uschloss un d'Hauptverkéiersachsen därer verpassen, a grad och net bei der Bunn.

An dësem Kontext wéilt ech dem Minister verschidde Froe stellen:

Wéi gesäit den Timing vun der méi séierer Eisebunnstreck op Bréissel aus? Gëtt d'Ubannen un den däitschen ICE-Reseau weiderhin ugestriekt? A wa jo, wéi gesinn d'Planifikatiounen vun esou enger Zuchstreck op Saarbrécken aus? Kann den Här Minister Detailler zu den internationalen Nuetszich liwweren, déi eventuell och kéinte Lëtzebuerg usteieren? An zu gudder Lescht: Gëtt um europäesche Niveau iergendeng Diskussioun gefouert, fir insgesamt d'Präisser vun den internationalen Zuchtickets erofzesetzen?

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Adehm. De Vizepremier a Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci der Madamm Adehm fir déi Froen. Dat erlaabt mer da mol eng Kéier, och e bësse méi de breede Kontext ze erklären, wou mer eis befannen, wa mer iwwert den internationale Schinnereiseungsverkéier schwätzen.

Dir musst wëssen, dass den europäesche Schinnereiseu nom véierte Paquet ferroviaire definitiv liberaliséiert ass. An Dir hutt als Beispill gesot – wou mer awer alleguer frou doriwwer sinn –, dass Lëtzebuerg un d'Streck op Paräis an och op Stroossbuerg ugebonne ginn ass. An dass zum Beispill dat, wat mir jo do maachen ... De Lëtzeburger Staat huet jo do en Deel vun den TGVs-Rammen op Paräis matfinanzéiert. Stroossbuerg iwwerengs och, well d'Fransousen, d'SNCF, wollte guer net Lëtzebuerg-Stroossbuerg fueren.

Dat doten, wat mer do gemaach hunn, géif ënnert de liberaliséierte Konditiounen vun haut guer net méi goen, well mer natierlech hei ganz kloer net am Kader vum Service public sinn. An Dir wësst, dass ech mech am Kader vun dem véierte Paquet ferroviaire vill agesat hunn, vill mat der Kommissioun gestriden hunn a glécklecherweis fir Lëtzebuerg – also fir kleng Reseauen – eng Exceptioun erausgeschloen hunn, déi mécht, dass eng Direktvergab bei dem Service public nach ëmmer méiglech ass, wann de Reseau net iwwer eng gewësse Gréisst huet.

Mee hei si mer definitiv am internationale liberaliséierte Verkéier a mir kënne weeder een zwéngen, iwwer Lëtzebuerg ze fueren, nach kuckt d'Kommissioun dat no. D'Kommissioun kuckt just no, ob d'Konditiounen, wéi d'Zich organiséiert sinn ..., ob et Ausschreibungen waren oder wéi et zustane komm ass, mee d'Kommissioun huet kee Matsproocherecht a ka kengem soen – ech soen awer dobäi: leider! –: „Dir musst déi do an déi do Verbindunge maachen!“

An dat ass och e bëssen e Widdersproch zu deenen Ambitiounen, déi d'Kommissioun dann oft huet, wa se seet: „Mir müssen d'Hauptstied matenee verbanne!“ an esou weider. An da gëtt gehofft, dass de Marché eleng dat géif regléieren. Ech sinn dovunner guer net iwwerzeegt, iwwerhaupt net, mee dat ass awer nun eemol esou. Do si mer net onbedéngt an der Majoritéit innerhalb vun Europa, leider, déi dat esou gesinn.

Ech wëll awer soen, dass den Dossier amgang ass, sech méi an eng Richtung ze beweegen, dass ëmmer méi Länner dat agesinn, dass et net esou vum selwe wäert goen, nom Motto, wéi déi Däitsch géife soen: „Der Markt wird's schon richten.“ Dat stëmmt net.

De Marché ass e gutt Instrument, fir kënne Saachen ze kréieren, ze schafen, mee et muss gewësse Reegele ginn. An d'Reegele müssen och esou sinn, dass wann de Maart verseet, de Staat als Regulateur muss asprange fir ze kucken, dass wann een en aneren Objektiv huet, wéi an deem heite Fall beispillsweis, manner Kuerzstrecke mam Fliger a méi mam Zuch ze maachen, dass déi Infrastruktur do ass an dass d'Zich och fueren.

Wat mir awer maachen: Mir hu selwer eng Etüd an Optrag ginn, déi ass och fäerdeg, wou mer müssen agéieren an Allianze siche goen, fir dass mer Nuetszich kréien. Do gëtt et och konkret Iddien. Ech hunn och mat de Belsch Gespräicher, och mat de Fransousen, also vu Südfankräich Richtung Schwäiz, Italien. Do gesäit d'Chance fir eis gutt aus bei den Nuetszich.

Dir hutt och gesinn, dass wat deen do Zuch ubelaangt, wat déi Streck ubelaangt, d'Saarland déck reklaméiert huet, well natierlech déi nei saarlännesch Ministerpräsidentin gesot huet: „Dat ass jo eng Schwéngerei, dir fuert laanscht Saarbrécken! Dat heescht, mir ginn och net ugebonnen als Saarbrécken!“

Dat heescht, do sinn eng Rei Diskussiounen um Lafen. Fir eis ass et awer wichteg, dass mir gutt Verbindungen op Metz kréien, well déi Zich komme jo all iwwer Metz. An dat geet och aus der Etüd ervir, dass mir probéiere müssen, ganz, ganz gutt Verbindungen op Metz ze kréien.

Dat ass och de Grond, firwat d'Regierung decidéiert huet, eng ganz Rei Projeten ze finanzéieren um franséische Reseau, d'Streck ze verbesseren, d'Capacitéit eropsetzen, fir dass mer méi eng grouss Zuchfolleg kënne maachen op Metz. Well herno gëtt Metz eis den Uschloss u Süddäitschland, mee awer warscheinlech och Richtung Berlin, zemoos wann déi doten Zich bis kommen. A Metz spillt och eng Roll herno, wann et ëm déi Nuetszich geet, ganz sécher, egal vu wou se da kommen.

Leider hu mer keng Streck op Saarbrécken, soss kéinte mer och do nach probéieren, mee ech mengen, dat ass verpasst ginn. Ech soen ëmmer, deemools, wéi d'Saarautobunn gebaut ginn ass, do ware jo och Iddien, ob een net soll eng Zuchstreck derniewent bauen. Dat hätt een, menger Meenung no, deemools solle maachen. Dat ass awer haut ze spéit, well déi Streck do ass entretemps esou verbaut, dass et ganz schwierig gëtt. A wann Der déi Streck wëllt bauen, gëtt dat opwänneg.

Et gëtt awer och nach aner Iddien. Mir si mat den Däitschen amgang ze diskutéieren, fir eis natierlech nach besser un Düsseldorf an u Köln unzabannen, well wa mer gutt mat Köln an Düsseldorf verbonne sinn, dann hu mer och e gudden Accès op den däitschen Intercity, also den ICE-Reseau virun allem. Do gëtt et och nach eng Rei Iddie vu Rehabilitatioun vu verschiddene Strecken an Däitschland.

Dat ass awer alles nach méi wäit ewech, well do si mer natierlech ofhängeg vum Verkehrswegeplan vun deenen Däitschen, mee ech hunn awer och do Gespräicher mam neie Minister fir ze kucken, do weiderzkommen.

Also mir engagéieren eis e Maximum. Mir hunn Etüde gemaach. An den Objektiv muss si fir eis, wéi gesot, eng gutt Ubannung haaptsächlech u Metz an dann natierlech op der däitscher Säit u Köln an Düsseldorf ze kréien. A wa mer dat packen, da sinn ech och optimistes, dass mer herno, niewent dem ... vu Südfankräich, wouwen eng geschwat hunn, an der Schwäiz, wou et, mengen ech, gutt ausgesäit, dass mer herno gutt Verbindungen hunn.

Et muss ee jo och wëssen, dass déi do Iddien elo mat Metz, also déi Direktzich do, Paräis–Berlin, do si se jo

och nach am Ufank. Do muss nach investéiert ginn, och an den däitsche Reseau virun allem. Dat ass nach net fir muer, awer mir bleiwen do um Ball fir ze kucken, dass mer natierlech do den Uschloss net verpassen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 324 vum Här Claude Lamberty un d'Madamm Inneministesche iwwert d'Eligibilitéit vun de Gemengeconseillere, déi vun hirem Wunnuert ofhänkt. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 324 du 7 juin 2022 de M. Claude Lamberty relative à l'éligibilité des conseillers communaux en relation avec leur lieu de résidence habituelle, adressée à Mme la Ministre de l'Intérieur**

**M. Claude Lamberty** (DP) | Jo. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, Madamm Ministesch: „Du wunns jo guer net hei!“ Dat war anscheinend eng vun den Aussoen, déi d'lescht Woch an engem Gemengerot am Oste vum Land un direkt zwee Membere vum Gemengerot gaange sinn an déi eng Problematik, menger Meenung no, opwerfen, déi an all de Gemenge parteiwwergräifend, faarweniwwergräifend duerchaus emol kann opkommen, déi awer, mengen ech, besonnesch en vue vun 2023 eng Kéier wichteg ze thematiséieren ass a vläicht och wichteg ze klären ass.

D'Gesetz ass, mengen ech, kloer: „Pour être éligible, il faut avoir sa résidence habituelle dans la commune, c'est-à-dire y habiter d'ordinaire.“ Do ass natierlech d'Fro: Wéini leeft een „d'ordinaire“ an enger Gemeng?

Ech mengen awer och, dass d'Kontroll dovunner eng Kéier wichteg ze klären ass. Wie kontrolléiert dat? Wien huet d'Recht, dass ze kontrolléieren? Unhand vu wéi engen Datebanke gëtt dat kontrolléiert?

Perséinlech sinn ech och der Meenung, dass et immens komesch ass, wann ee sech an engem Gemengerot mellt an et gëtt een och nach gewielt an et geet een och nach do eran a seet: „Jo, ech wunnen hei“, an d'ganz Gemeng weess, dass een eigentlech op enger ganz anerer Plaz wunnt, mee vläicht huet ee gesetzlech jo Recht, well een awer eng „Bleibe“ – nenne mer et emol esou – an där Gemeng huet.

Et ass mer souguer zu Ouere komm, dass an engem Gemengerot hei am Land e Gemengerotsmembre frëndlechste opgefuerdert gouf ze demissionéieren, well se während enger gewëssener Zäit – obwuel se d'ganz Liewen do gelieft huet – net do gewunnt huet, well hire Conjoint am Ausland an enger Formation war a si matgaangen ass fir néng, zéng Méint. Dat heescht net, dass se ganz do war, mee se ass ... si huet dat och gesot: „Ech gi mat dohin, mee punktuell bleiwen ech trotzdem hei wunnen, de Weekend zum Beispill.“ An dunn ass se trotzdem „erausgedrängt“ ginn, well se dat gemaach huet. A si huet dat dunn och gemaach, obwuel hire Liewensmittelpunkt virun an duerno ëmmer an där Gemeng war.

Ech mengen, haut ass et wichteg, en vue vun alle Leit, déi sech wëllen 2023 op Gemengerotsleschte mellen a vläicht och gewielt ginn, déi Fro eng Kéier ze klären: Wat ass déi gesetzlech Basis? A wat ass d'Kontrollfunktioon? A wien huet déi Kontrollfunktioon, fir dass am Endeffekt wierklech Leit an hirem Gemengerot kënne siegéieren, déi dann och dohinner gehéieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Lamberty. D'Madamm Inneministesche Taina Bofferding huet d'Wuert.

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Merci, Här President. Den Här Lamberty stellt eng



ganz pertinent Fro, effektiv en vue vun den nächste Gemengewalen, seet awer scho selwer, dass eigentlech d'Gesetz där doter Fall scho gereegelt huet. Dir verweist och hei direkt op d'Walgesetz, an effektiv ass et esou, dass, am Moment vum Depot vun de Kandidaturen, d'Leit, déi kandidéieren, e puer Konditiounen erfëlle mussen, wéi den Numm, Virnumm, d'Geschlecht, Beruff, Nationalitéit an eeben och de Wunnsätz. An da gëtt eebe kontrolléiert, ob se déi Konditiounen erfëllen an dee Moment och Kandidat oder Kandidatin an der Gemeng därefer sinn.

Déi Verifikatioun vum Wunnsätz gëtt dee Moment eeben, wéi ech gesot hunn, duerch de President vum Hauptwalbüro beim Depot vun de Kandidature gemaach. A wéi gesot, da gëtt iwwerpréift, ob déi Konditiounen do erfëllt sinn.

Wa sech awer elo sollt de Fall stellen, wou eng Persoun esou eng Konditioun net méi erfëllt, zum Beispill, wa se während hirem Mandat d'Gemeng wieselt – dee Moment erfëllt se net méi d'Konditioun –, därefer se och net méi am Gemengerot Member sinn. Och hei ass d'Gesetz awer kloer dozou.

Bon, als Éischt mengen ech, oblait et natierlech der Persoun selwer ze mellen, dass se geplënnert ass, an dann d'Mandat am Gemengerot nidderzeleeën. Wa se dat awer elo net sollt maachen a sech awer duerchaus bewusst ass, dass se hei géint déi Konditioun verstéisst, mécht déi Persoun sech strofbar a riskéiert souguer, eng Prisongstrof ze kréien. Déi effentlech Autoritéiten, déi Kenntnis vun esou enger Situatioun hunn, sinn obligéiert, de Procureur doriwwer a Kenntnis ze setzen, dat op Basis vum Artikel 23 Paragraf 1 vum Code de procédure pénale.

A fir de Fall, dass e Member dann awer nach ëmmer net säi Mandat wéilt nidderleeën, ass och eng Prozedur virgesinn, eng Prozedur mat ganz kloren Delaien, wéi dat gereegelt ass, fir dass et dann dee Moment zum Verloscht vum Mandat kënnt.

A fir mech ass et hei ganz kloer, dass et dee Moment de Schäfferot ass, dee sech als Éischt dorëms këmmere muss, respektiv och muss wëssen, ob eng Persoun aus dem Gemengerot nach ëmmer an der Gemeng wunnt oder net, an da subsidiaresch den Interieur, de Gemengerot an och déi concernéiert Persoun selwer informéiert, wann en eebe Kenntnis vun esou Fäiten huet, déi zu engem Mandatsverloscht kéinte féieren.

Wat d'Kontrollfunktoun betrëfft: Och hei gëtt et Mechanismen. Och hei ass et deen einfachste Wee, wéi gesot, wann d'Persoun selwer de Beweis bréngt an eebe kann dee Moment duerleeën, dass se geplënnert ass, oder fir de Fall, wou se net geplënnert ass, ka beweisen, dass se nach ëmmer an der Gemeng enregistréiert ass.

Wann dat awer net esou sollt sinn oder wa sech effektiv géif en Doute erausstellen, dann ass et um Buergermeeschter, un der Buergermeeschtesch, fir dee Moment déi gesetzlech Prozedur, op déi ech scho grad higewisen hunn, ze lancéieren. Dat, fir eeben dann och déi néideg Verifikatioun kënnen ze maachen, notament duerch eng Enquête vun der Police, déi doropshin dann eeben dat ermëttelt. An da ka gekuckt ginn, ob dee Moment de Buergermeeschter, d'Buergermeeschtesch muss eng Decisioun huelen, sief et, fir déi concernéiert Persoun aus dem Regëster ze sträichen, respektiv fir ze kucken, ob se kann ageschriwwen bleiwen.

An och hei gëtt et Indicien, wann dee Moment d'Police soll enquértéieren. Hei gëtt et Indicien, déi eebe sollen hëllefen erauszufannen, ob déi Persoun awer nach dee Moment an där Gemeng wunnt. Do gëtt enner anerem d'Plaz gekuckt, wou ee sech no senger

Aarbecht ophält. Et gëtt gekuckt, wou d'Kanner an d'Schoul ginn, wou déi ugemellt sinn.

*(Interruption)*

Den Energieverbrauch vum Menage gëtt gekuckt, d'Telefonsrechnungen oder nach de Contrat de bail. Dat alles kënnen dee Moment Indicé sinn, déi der Police sollen hëllefen.

Bon, dat fir de Fall, wou dee Moment déi Krittären net, déi Konditiounen net erfëllt sinn. Ech ginn awer dovun aus, dass dat an deene meeschte Fäll gutt funktionéiert, well Dir hutt et virdru gesot: Et ass wichteg, dass mer Leit hunn, déi sech de Gemengdefie stellen, grad elo en vue vum nächste Joer, dass mer vill Leit hunn, déi motivéiert sinn, an d'Gemegepolitik ze goen. An ech fannen nach ëmmer, dass dat eng vun deenen nobelsten Aufgaben ass, wann ee sech fir déi Gemeng, wou ee wunnt, wou ee leeft, kann engagéieren. An dofir ass et och wichteg, dass mer awer hei trotzdeem e strenge Kader hunn, fir dat esou ze ermëglechen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Inneministesch Taina Bofferdin.

Mir kommen da lo zur Fro Nummer 325 vum Här Fernand Kartheiser un d'Madamm Gesondheitsministesch iwwer den internationalen Traité vum der OMS iwwer d'Preventioun vu Pandemien. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 325 du 7 juin 2022 de M. Fernand Kartheiser relative au traité international sur la prévention des pandémies de l'OMS, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo. Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Minister, ech wollt zrëckkommen op déi lescht Sëtzung vun der Weltgesundheitsorganisatioun. Ech fänke vläicht u mat engem klengen Merci, well mir haten hei eng Motioun ugeholl iwwer Taiwan an Dir hutt dat och ugeschwat, sou wéi d'Chamber et Iech uvertraut hat an där Sessioun, wat natierlech eng ganz gutt Saach ass. Dofir merci.

Mee de Sujet ass haut net Taiwan, mee et geet ëm de Pandemievertrag. An et ass jo, mengen ech, eppes, wat mer an deene leschte Jore leider ..., jo, woumat mer ganz vill concernéiert waren. D'Weltgesundheitsorganisatioun wëll also hir Aarbecht nom Pandemievertrag weiderféieren, an et gouf do kontrovers Diskussiounen, notament ëm déi Kompetenzen, déi d'Weltgesundheitsorganisatioun an Zukunft soll kréie par rapport zu der Souveränitéit vun de Memberstaaten vun der Organisatioun.

Et gouf speziell en amerikaneschen Amendement an déi Richtung, an d'Memberstaaten vun der Europäescher Unioun hunn deen Amendement och ënnerstëtzt. Ech huelen also un, och Lëtzebuerg huet deen ënnerstëtzt. Elo ass et dann zu enger Ofstëmmung komm. Déi Ofstëmmung ass verluer fir deen Amendement. Haaptsächlech afrikanesch Staaten, mee net nëmme si, hu sech do dergéint gewiert. Ganz vill aner grouss Staaten, och aus deem sougenannte Globale Süden, hu sech do dergéint decidéiert. An da sollten déi Reflexiounen elo an Aarbechtsgruppe virugefouert ginn.

Mee d'Fro ass eigentlech un d'Lëtzeburger Regierung: Wéi eng Aschränkunge vun der Souveränitéit wëll déi Lëtzeburger Regierung dann an deem Kontext iwwerhaapt akzeptéieren? Firwat si mer op dee Wee gaangen, deen herno jo och keng Majoritéit fonnt huet, fir iwwerhaapt Souveränitéitsrechter un d'WHO ze delegéieren? A wéi engem Mooss soll dat

geschéien? Firwat soll dat geschéien? Gëtt et net aner Weeër, fir dat ze maachen, wou déi national Autoritéiten an notament déi national Parlamentarier awer méi Matsproocherecht hätten, wéi wann een dat delegéiert?

Eppes muss ganz kloer sinn: Kee wëll am Fall vun enger Pandemie, déi wierklech geféierlech ass – méi geféierlech nach vläicht wéi déi, déi mer an deene leschte Jore kannt hunn –, datt mer Delaien hunn oder datt net effikass ka reagiert ginn. Dat ass eigentlech net d'Fro. Mee d'Fro ass: Ass net déi beschte Manéier, compte tenu vun deenen Erfarungen, déi mer elo gemaach hunn, awer déi, datt d'Staate sollen hir Kompetenze behalen an dëser Affär?

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. D'Madamm Gesondheitsministesch, d'Paulette Lenert, huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President. An och merci un den Här Kartheiser fir dës Fro.

D'Pandemie huet ons gewisen, wann eppes global zouschléit, wéi wichteg et dann ass, Instrumenter ze hu wéi de Règlement sanitaire international, zum Beispill, deen eng Rei och haut scho verbindlech Dispositiounen huet. Wann et drëms geet, eng gemeinsam Gefor ofzewieren, ass et wichteg, wéi Dir et och selwer gesot hutt, dass ee ka schnell an ouni ze vill Ëmweeër verschidden Tatsaache festhalen, dass een och ka Moossname bestëmmen, wat wou muss geschéien, fir dass e Minimum u Sécherheet ka fir jiddweree garantéiert sinn.

Et ass e grouss Konsens do gewiescht, dass déi besteeënd Instrumenter sou, an hirer aktueller Form, net duerginn, dass se mussen iwwerschaaft ginn. An an deem Sënn muss och d'Diskussioun opsinn, fir driwwer nozedenken an ze kucken, wou een international méi verbindlech soll kënnen sinn a wou ee sech reng am nationale Beräich weiderbeweege.

Mir hunn doduerch, dass mer d'Erfahrung gemaach hunn, wéi mer ofhängeg ware vu gemeinsame Positiounen, sief et um Niveau vun der Unioun selwer, wou nach ganz vill Loft no uewen och ass, ... gemierkt, wéi et op de Leit laascht, wann effektiv keng Eenheet ass an esou enger Pandemie wéi déi, déi mer haten. Et ass eng gemeinsam Erausforderung an et ass ganz schwéier, de Bierger a Biergerinnen ze vermëttelen, dass een net eng technesch, eng sanitär Aschätzung huet, wou ee sech eens ass. An dofir si mer och wierklech der Meenung, dass een hei a verschiddene Beräicher muss kënnen schnell gemeinsam agéieren, wat dann Hand an Hand geet, natierlech, mat engem deeleweisen Ofriede vun nationale Kompetenzen.

Ech wollt Iech just nach eng Kéier den Historique ginn. Et ass relativ schnell e Konsens fonnt ginn, fir iwwerhaapt hei drun ze goen, an dee Chantier, fir deen opzemaachen. Et ass am Kader vun der zweeter aussergewöhnlecher Sessioun vun der AMS gewiescht, vun der Assemblée mondiale de la Santé. Doropshin ass en intergouvernementale Grupp en place gesat ginn, fir dës Negociatiounen ze féieren, fir och d'Redaktioun herno ze iwwerhuele vun deem Accord. Do ass awer nach oppen, wéi eng Form dat soll hunn. Dat heescht, ee vun den Opträg, deen un dee Grupp gaangen ass, ass och, Reflexiounen ze maachen, op wéi enger Basis dat Instrument soll geholl ginn, op Basis vu wéi engem Artikel vun der Verfassung, vun der Constitutioun vun der OMS selwer.

Et soll letztendlech op deem Niveau ugeholl ginn, dat awer an enger Form an op enger Basis, déi da fir appropriéiert gehal gëtt. Dat sinn am Fong lafend Aarbechten, déi amgaange sinn.

D'Europäesch Unioun huet hirsäits den 3. März dëst Joer – den Optrag, fir ze schaffen, geet zréck op Dezember 2021 – d'Decision geholl, fir am Numm vun der Unioun kënnen d'Negociatiounen opzemaachen, mat engem Rôle de négociateur, deen un d'Kommissioun gaangen ass, soudass haut d'Unioun hir Stëmm do huet via d'Kommissioun, nieft der Stëmm, déi déi eenzel Länner natierlech fir sech selwer an dësem Gremium hunn.

Parallèl dozou ass awer och e Comité spécial um Niveau vum Conseil en place gesat ginn, deen au coulant soll gehale ginn an deen dës Negociatiounen natierlech engstens suivéiert, gegebenfalls och kann d'Instruktiounen adaptéieren, wann dat néideg wär, dat eeben, fir lafend ze evaluéieren, ob déi Gespréicher, déi lafen, an deem Sënn sinn, wéi se um Niveau vum Conseil an eeben och vun de Länner dee Moment fir richtig gehale ginn.

Éischt Reunione si vun deem Groupement intergouvernemental de négociation schonn zu dësem Zäitpunkt gefouert ginn. Dat war am Februar eng éischte Kéier, zweemol am März. Dertëscht gëtt natierlech och geschafft. Deen nächste Rendez-vous soll am August sinn. An et gëtt och eng éischt Positioun, eng Contributioun vusäit vun der Unioun, déi effentlech zougänglech ass. Ech weess, dass Der déi ganz bestëmmt kennt.

Mee wéi eng Form dat Ganz herno wäert hunn, awéifern de Règlement sanitaire international selwer wäert impaktéiert ginn oder en neit Instrument wäert geschaf ginn, dat ass justement Objet vun deenen Diskussiounen, déi lafen, mat enger gedeelter Positioun. Mir sinn natierlech der Meenung, dass een net méi soll ofrieden, wéi et onbedéngt muss sinn.

Mir sinn awer och iwwerzeegt, dass ee verschidde Saachen hei muss international reegelen, wann ee wëll effikass sinn. Wa mer an eng Situatioun kommen, wou mer vun haut op muer – an dat hu mer dës Kéier erlieft, wéi schnell dat ka goen – mat enger Gefor konfrontéiert sinn, ass et extreem geféierlech, sech wierklech op déi reng national Kompetenzen ze verlossen. Dat leeft net mat där nammlecher Vitess of. A bei verschidde Befunden, grad och technescher Aart, denken ech, ass et wichteg a richtig, dass een do eng gemeinsam Positioun huet, déi och kann esou duerchgesat ginn.

Voilà! Ech géif Iech Merci soen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Gesondheitsministesch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 326 vun der Madamm Francine Closener un den Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten iwwert d'Helmflucht fir Vëlofuerer. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 326 du 7 juin 2022 de Mme Francine Closener relative au port obligatoire d'un casque de vélo, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Merci, Här Präsident. Vëlofueren ass in, an dat ass och ganz gutt esou! Ursaachen dofir gëtt et der jo vill, sief et, well ee sech wëll beweegen, well een ëmweltbewosst ass, well den E-Bike ee méi séier virubréngt mat manner Effort oder well et einfach Spaass mécht.

Tatsach ass, et gëtt ëmmer méi Vëlo gefuer, an domadder klëmmt och de Risiko vun Accidenter, besonnesch natierlech am Stroosseverkéier.

Virun engem Joer, den 19. Mee, hutt Dir, Här Minister, Iech hei bei enger Interpellatioun vu menger Kolleeigin Cécile Hemmen géint eng allgemeng

Helmflucht fir Cyclisten ausgeschwat. Dir hutt argumentéiert, datt d'Leit da manner Vëlo géife fueren, well se keng Loscht hätten op den Helm. Dir sot och, datt déi mannste Länner eng Helmflucht hätten an Dir sot, Dir géift awer bei héijer Vitess um Vëlo onbedéngt recommandéieren, e Kask unzeden. Op d'Fro no enger Helmflucht op d'mannst fir d'Kanner sidd Dir deemools net agaangen. Duerfir wéilt ech elo, ee Joer méi spéit, op déi Fro zréckkommen.

Eleng an Europa gëtt et an zéng Länner eng Helmflucht fir d'Kanner. Dat variéiert, wat d'Alterslimit ugeet, entweder fir ënner 15 oder ënner 12 Joer. Huet de Minister wëllen, op d'mannst fir d'Kanner e Kask um Vëlo virzeschreien?

An dann, wa mer vun héijer Vitess schwätzen, déi mat elektrescher Ënnerstützung jo och séier erreecht ass: Eng rezent däitsch Etüd seet, datt Cyclisten op E-Biken zweeanehalfmol méi e grouss Risiko hunn, fir bei engem Accident leizenzebleiwen, wéi Cyclisten, déi op engem normale Vëlo ënnerwee sinn. Dobäi ass de Risiko vun enger Kappverletzung ouni Kask duebel sou héich wéi mat engem Kask.

Huet de Minister wëllen, fir d'Benotzer vu Pedelecken d'Helmflucht anzeféieren, oder wëll hien éischer op de Wee vun enger allgemenger Flucht goe fir sämtlech Vëloen, oder weeder nach an et bleift bei der Helmflucht exklusiv fir d'S-Pedelecke vu 45 km? Wat ass mat den E-Trottinetten? Déi si jo normalerweis assimiléiert.

Sonner Zweifel ass et fir d'Sécherheet vum Cyclist am allerwichtigsten, datt d'Infrastruktur gutt a sécher sinn, wéi zum Beispill an Dänemark oder an Holland. Mee do si mer nach net. Do muss mer awer hin. An Australien ass gefaart ginn, datt duerch d'Helmflucht d'Vëlofuere géif massiv zréckgoen. De Contraire ass haut de Fall, och wéinst enger ganz grousser Campagne.

D'Politik soll d'Leit op de Vëlo kréien, andeem se fir gutt Infrastruktur suert, net andeem se eng laxistesche Sécherheetspolitik bedreift. Deen Androck dierf net opkommen. Eng Helmflucht ass net onzoumutbar, wann een domadder säi Liewe ka retten, respektiv d'Liewe vun de Kanner!

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Closener. Den Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Déi Fro do hunn ech – an ech hat et nokucke gelooss –, ech mengen, scho véiermol beäntwert, zënter ech Minister sinn. Mee ech sinn net deen eenzege Minister, deen déi Fro scho mindestens véier-, fënnemol beäntwert huet. Do kennt Der am Ausland nokucken, do kennt se och reegelméisseg erëm.

An alles dat, wat oft esou gutt an esou einfach kléngt, ass an der Praxis awer e bësse méi komplizéiert.

Éischters wëll ech emol soen, datt den Helm keng Infrastruktur ass. Infrastruktur ass: ofgetrennte Vëlospisten, ofgeséichert Vëlospisten, Signalisatiounen an esou weider. Dat ass Infrastruktur an dorobber kennt et am meeschten un!

Wa mer gär de Vëlofuerer sécher kréien op der Strooss, da muss et si wéi an Holland, wou iwwerengs och keng Helmflucht ass, mee wou d'Accidenter ganz rar sinn an och virun allem déi doten Zort vun Accidenter ganz rar sinn. Dat ass, well an Holland d'Infrastruktur gutt ass.

Dat Zweet, dat ass och an allen Etüden, déi mir gemaach hunn, erausfonnt ginn, an och bei de Kanner,

zum Beispill. Mir hunn eng ILReS-Enquête gemaach, déi hu mer jo och 2017 publizéiert, an do ass erauskomme: Bei de Kanner bis 15 Joer hu 95 % ëmmer oder bal ëmmer en Helm un. An et ass och net d'Police, déi wäert derfir suergen, datt d'Kanner den Helm opdinn, well dat kréie mer guer net kontrolléiert. Dat mussen d'Eltere sinn, mat hirer Responsabilitéit! An ech ginn dovun aus, datt d'Elteren awer eigentlech och nach ëmmer eng Responsabilitéit fir hir Kanner mussen hunn an och hunn. An dofir hu mer jo 95 %, déi een unhunn.

A Frankräich, wou déi Diskussioun nach ëmmer ganz héich Welle schléit, dat kënnt ... an dat ass iwwerengs net nëmme a Frankräich esou. Dat ass, well iwwerall déi nammlecht Diskussioun entsteet. Wann der fir Kanner bis 15 Joer zum Beispill eng Flucht maacht, da stellt sech d'Fro vun der Responsabilitéit: Wien ass da responsabel, wann zum Beispill e Kand ouni Helm fiert? Sinn dat d'Elteren oder ass et d'Kand, wat responsabel ass? A Frankräich: grouss Diskussiounen, juristesche zu näischt gefouert.

Da gëtt et och d'Beispill vun Dänemark, e Land, wou extreem vill Vëlo ... Et ass no Holland dat Land, wou am meeschte Vëlo gefuer gëtt. A par rapport zu Schweden: Schweden huet et obligatoresch gemaach bis 15 Joer, Dänemark huet et recommandéiert bis 15 Joer. An Dänemark, wou am meeschte Vëlofuerer fueren, hu se et recommandéiert, an et leeft wonnerbar: D'Eltere bekëmmere sech drëm an doen de Kanner en un.

Also méi wichteg fannen ech et, datt mer Sensibiliséierungscampagnë maachen, fir datt se en opdinn. Allgemeng soen ech Iech ... An dat ass och net richtig: An Australien war et e Minus vu 17 % duerch de Fait, datt et agefouert gouf. Jo, et ass duerno eropgaangen, well de Vëlo generell eropgeet. Et muss een och kucken, wat fir eng Zuelen ee matenee vergläicht! Och wann ee seet: „De Risiko ass 2,5 mol méi grouss, datt een ...“, jo, da muss ee mol fir d'éischt kucken: Wéi héich ass iwwerhaupt de Risiko, datt ech mam Vëlo e schwéieren Accident hunn? An da gesinn déi Zuelen natierlech ganz aneschtens aus. Mee ech bleiwen awer derbäi, datt d'Campagne dat Wichtigst ass.

A meng Meenung ass och kloer: Urban Vëlo ze fueren, dat heescht, en am Alldag ze benotzen, wou ech, an der Reegel, lues Vitesse fueren, dat ass eppes ganz aneres, wéi wann ech e Coursevëlo huelen an d'Streck fueren. Ech soen Iech: Een, dee Coursevëlo fiert, dee soll onbedéngt den Helm undinn. Dee fiert vill méi héich Vitesse an esou weider an esou virun. Ech kann awer net elo ufänken, eng Helmflucht ze maache fir Coursevëloen. Ech mengen och net, datt de Staatsrot mer dat géif duerchgoe loossen. Mee generell eppes ze maachen, vun deem awer an esou villen Etüden entre-temps beluecht gouf, datt den Notzen, deen et bréngt, par rapport zu deem, wat et op där anerer Säit vu Schued urricht, net ginn ass ... An duerfir hunn och déi meescht Länner keng Helmflucht. Déi meescht hu keng. Jo, Dir kennt mam Kapp wackelen; Dir hutt selwer d'Zuelen opgezielt, wéi et meeschtens fir Kanner ass: Déi meescht Länner hu keng. An ech bleiwen derbäi. Mee wann eng Kéier een no mir kennt, da kann dee jo probéieren, et ze maachen. Ech mengen, datt dat kontraproduktiv ass.

Wichteg ass d'Campagne, opzeklären, wéi ech soll fueren, wéi ech mech soll verhalten. Natierlech, datt den Helm schützt, an natierlech, datt et en zousätzleche Schutz gëtt. An natierlech, deemno wou ee fiert, datt een en onbedéngt soll undinn. Dat mécht méi Sënn, wéi datt mer elo hei op de Wee gi vun enger Flucht. Well wa mer dat soss géife maachen, wa mer esou géifen argumentéieren, jo, da misste mer och ... Kappverletzungen sinn och fir Autosfuerer reell. Ech mengen awer net, datt een op d'Iddi kéim, datt een



am Auto misst mam Helm sätzen, zum Beispill. Ech mengen net, datt mer esou sollen diskutieren.

Mir solle seriö d'Statistike kucken, wéi se sinn. An do ass Holland dat beschte Beispill, wou keng Flicht ass, mee wou grouss Campagnë gemaach ginn, wou gutt Infrastrukture sinn, fir datt de Vëlo geséchernt an ofgeséchernt ka fueren. An do sinn och duerfir deementsprechend vill manner Accidenter. Et ass dat, wou et drop ukënnt. Kommt, mir baue Vëlospisten an uerdentlech Vëloinfrastrukturen! Domadder schützen mer de Vëlofuerer.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Mobilitätsminister François Bausch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 327 vum Här Marc Spautz un de Minister fir sozial Sécherheet iwwert d'Situatioun vun de Frontalieren nom Schluss vun den Teletravail-Derogatiounen mat den Nopeschlänner. Här Marc Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 327 du 7 juin 2022 de M. Spautz relative à la situation des travailleurs frontaliers avec la fin au 30 juin 2022 des accords dérogatoires conclus en matière de télétravail avec la France, la Belgique et l'Allemagne, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale**

**M. Marc Spautz (CSV)** | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wende mech hei gären un de Minister vun der Sécurité sociale, well leschte Freideg hat ech probéiert, mat mengem Kolleg Laurent Mosar eng Question urgente ze stellen un de Minister, fir em méi Zäit ze loosse, fir eis kënnen ze äntweren, mee déi ass refuséiert ginn. Wa mer se awer elo net virum 30. Juni stellen, wëll ech Iech soen, dann ass et e bëssen ze spéit, well dann ass den Delai ofgela! A wann et eng normal Question parlementaire gewiescht wier, déi wier eréischt de Juli beäntwert ginn. An dat wier vläicht e bësse spéit gewiescht fir d'Frontaliere fir ze wëssen, wéi et mat der Sécurité sociale an och mat der Besteuerung weidergeet beim Teletravail.

Den Teletravail huet sech déi lescht Méint, hu mer jo gesinn, erausgestallt als eng Saach, déi ganz vill praktizéiert ginn ass während der Covidkris. Ech wëll och ennersträichen – an de jëtzege Minister war mol mat eis zesummen an enger Souscommission, déi huet „Teletravail“ geheescht -: D'Chamber huet och net an deem Dossier geschlof. Et ass eng Kommissioun, déi mer geschafen haten direkt am Ufank vum Covid, wou mer och schonn Entrevuen hate mat de Ministere aus dem däitschsproochege Raum, wou mer och mat deene geschwat hunn, wat mer alles missten ugoen, fir d'Problematik vum Teletravail kënnen ze simplifizieren, fir méi Leit d'Méiglechkeet ze ginn, an en Teletravail ze goen, deen och gläichzäitig sozial-a steierpolitesch ofgeséchernt ass.

Steierpolitesch sinn et bilateral Ofkommessen, déi mat deene jeeweilege Länner bestinn. Dat ass net europäesch gereegelt, mee wat d'Sécurité sociale ubelaangt, si mer iwwer en europäesch Reglement gebonnen: Wann Der méi Aarbechtszäit an Ärem eegene Land verbréngt wéi an deem Land, wou Der schafft, musst Der dann och Är Sécurité sociale an deem Land bezuelen. A wann een Teletravail mécht, sätzt een normalerweis – normalerweis! – doheem. Et gëtt och Leit, déi sätzen op anere Plazen, mee normalerweis ass een dann doheem. An da missten déi Leit och hir Sécurité sociale an der Belsch, an Däitschland oder a Frankräich – fir sech elo mol just op eis dräi Nopeschlänner ze beschränken – bezuelen.

An dofir ass eis Fro: Wat ass geplangt vun de Sozialministeren allgemeng? Well et ka jo elo net einfach

sinn, dass mer soen: „De Covid ass eriwwer, all d'Problemer mam Teletravail hu sech geléist.“ Dat ass eppes, wat Lëtzebuerg net kann aleng ugoen. Dat ass eppes, wat europawäit muss gereegelt ginn, well et, wéi ech virdru gesot hunn, en europäesch Reglement ass. Wat ass do geplangt, fir dass och eisen däitschen, eise belschen an eise franséische Frontalier kann dovun profitieren? Vun all deenen Diskussiounen, déi mer féieren, ob een oder zwee Deeg d'Woch, emol ofgesinn: Mat 19, 26 oder esou vill Deeg, wéi et de Moment sinn, wäert dat schwierig ginn. An dat ass d'Fro un den Här Minister.

Villmools merci am Voraus.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Spautz. Den Här Minister fir sozial Sécherheet Claude Haagen huet d'Wuert.

**M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale** | Merci, Här President. Merci dem Här Spautz fir dës Fro.

Lëtzebuerg huet zënter dem Ufank vun der sanitärer Kris Ofkommesse mat den Nopeschlänner, déi et erlaben, datt bei deene Leit, déi am Homeoffice sinn, dat heescht d'Frontalieren, op déi Är Fro geziilt ass, déi Deeg fir d'Determinatioun vun der Affiliatioun net gezielt ginn. Dat heescht, do spillt dat net am Kader vun der sanitärer Kris. Dat bedeit, datt Frontalieren, déi momentan am Homeoffice sinn, och weider zu Lëtzebuerg affiliéiert bleiwen. An déi aktuell Accorden, dat hutt Der gesot, si bis den 30. Juni vun dësem Joer.

Nom Enn vun där Derogatioun, dat heescht, vum 1. Juli un, spillen déi normal Dispositionen, déi normal Prozedur. An dat ass ganz einfach de Koordinatiounsreglement, den 883, deen Der kennt, an deem de Pourcentage mat deene 25 % gereegelt ass. Dat bedeit: D'Land vum Wunnsätz ka ganz einfach decidieren, opgrond vun den Informatiounen, déi et huet, datt déi Persoun do muss affiliéiert ginn.

An der Praxis ass et awer esou, datt eng Persoun, déi Vollzäit agefallt ass, also déi voll schafft an déi an der Moyenne een Dag pro Woch Homeoffice mécht, hei zu Lëtzebuerg och weider affiliéiert bleift. Dat ass och e Fait actuellement.

Dir hutt op déi verschidden Duréeeën higewisen. Dat betrëfft haaptsächlech d'Fiskalitéit. Hei muss een en Ennerscheed maachen tëscht der Fiskalitéit, wou déi Konventiounen à part mat deene Länner getraff gi sinn, wou och ennerschiddlech Deeg zielen an der Affiliatioun bei der Sécurité sociale.

An der Fiskalitéit, wéi gesot, sinn déi Persounen, sinn déi Konventiounen determinéiert ginn, wou se musse Steiere bezuelen, soudatt mer déi kokass Situatioun hunn, datt ee vläicht hei zu Lëtzebuerg affiliéiert ass an duerch d'Konventiounen am Steierrecht awer d'Steiere muss am Nopeschland bezuelen.

Momentan ass et esou, datt – an Dir hutt dat vun der Kommissioun gesot – den Homeoffice, losse mer soen, sech jo schonn agebiergert huet an de verschiddene Betriber an och an der Aarbechtswelt, soudatt mer amgaange sinn, am Kader vun der Commission administrative Konventiounen auszuschaffen, awer och Reglementer auszuschaffen, mat deenen een eeben déi Problematik do wäert kënnen léisen. Ech hoffen, datt dat um Niveau vun der Commission administrative bis den 30. Juni geschitt ass. Wann dat geschitt ass, wäert de Ministère natierlech och d'Kommunikatioun weiderginn un déi verschiddene Betriber an un d'Leit, déi do schaffen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Sozialminister Claude Haagen.

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 328 vun der Madamm Stéphanie Empain un d'Madamm Inneministesch iwwert d'Remuneratioun vum CGDIS bei grousser Sportevenementer. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 328 du 7 juin 2022 de Mme Stéphanie Empain relative à la rémunération des services du CGDIS lors de grands événements sportifs, adressée à Mme la Ministre de l'Intérieur**

**Mme Stéphanie Empain (déi gréng)** | Merci, Här President. Madamm Minister, jo, no méi wéi zwee Joer Pandemie si grouss Evenementer uechtert d'Land, grad och d'sportlech Evenementer, endlech nees zur Normalitéit ginn. A sou sinn zum Beispill och den 28. Mee dëst Joer erëm iwwer 12.000 Lëeferinnen a Leefer un den Depart vum ING-Nuetsmarathon an der Stad gaangen, an dat ass och natierlech eppes, wat eis immens freet.

Bei esou sportlechen Evenementer ass et jo esou, och grad beim Nuetsmarathon, dass d'Servicer vum CGDIS fir déi medezinnesch Versuergung vun den Athletinnen an den Athlete responsabel sinn. An d'Organisatioun vum esou Evenementer kommen dann och zu engem Deel fir d'Käschten heivunner op.

Eisen Informatiounen no wier déi initial Käschtepunktberechnung – ech soen initial, well dat ass herno a Gespreicher erëm revidéiert ginn – vum CGDIS fir den Nuetsmarathon dëst Joer awer däitlech méi héich ausgefall, wéi dat nach 2019 de Fall war, nämlech ëm méi wéi dat Duebelt, dat fir u sech déi selwecht Leeschtunge wéi déi, déi 2019 an och déi Jore virdru geplangt waren. D'Erhéijung wier eisen Informatiounen no op eng iwwerschaafte Gebühreuerdnung vum CGDIS aus dem Joer 2019 zrëckzeféieren.

Méi héich Onkäschte féieren dann natierlech och zu Problemer bei den Organisateuren, an an deem Sënn hätt ech e puer Froen un d'Madamm Ministesch.

Éischstens: Stëmmt et, dass et do eng iwwerschaafte Gebühreuerdnung vum CGDIS gëtt? An datt déi dann och eng substanzuell Erhéijung vun de Käschte fir d'Organisateuren, zum Beispill, Sportevenementer géif bedeiten? Wa jo, wat sinn d'Ursaache fir dës Erhéijung? A wat bedeit dëst am Endeffekt och fir kleng a virun allem och netkommerziell Organisateuren? Riskéiere mer dann net eventuell, dass zukünftige Evenementer net méi kéinte gestëmmt ginn? A stëmmt et dann och, datt eng Reduzéierung vun de Käschten nach ëmmer méiglech wier? A wa jo, wat wieren d'Konditiounen derfir, respektiv d'Krittären, fir vun esou enger Reduzéierung dann och profitieren ze kënnen?

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Äntwert.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Empain. D'Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, huet d'Wuert.

**Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur** | Merci der Madamm Empain fir dës Fro.

Als Alleréisch wëll ech awer mol gären ennersträichen, dass de CGDIS en Établissement public ass, dee vun engem Verwaltungsrot geleet gëtt, dee paritétesch aus dem Staat an de Gemengen opgestallt ass an dofir och elo net esou eng klassesch Verwaltung ass, déi soss emol engem Ministère ennersteet. Just fir awer eng Kéier de Kontext ze erklären.

Mee trotzdem, Här President, sinn ech awer gewëllt, der Madamm Empain op d'Fro ze äntweren, well et awer erlaabt, vläicht e puer Prezisiounen ze ginn an och Mëssverständnisse dann aus der Welt ze schafen.

Ganz gäre géif ech global eng Kéier de Prinzipp erklären. De CGDIS huet – an dat huet d'Madamm Empain

jo och schonn ugeschwat – déi gesetzlech Basis, fir bei gréisseren Evenementer – sief dat elo Sport, Kultur – en Dispositif prévisionnel de secours zur Verfügung ze stellen.

A fir all dës Evenementer mécht de CGDIS dee Moment eng Konventioun mam Organisateur. Dat heescht, am Virfeld vun där Manifestatioun muss den Organisateur dee Moment Kontakt mam CGDIS ophuelen, an da mécht de CGDIS op Basis vun enger Analys ..., dat heescht, et gëtt eng Evaluatioun vun de Riske gemaach. Wat natierlech méi Riske sinn, wat deen Dispositif och muss méi eropgeschrauft ginn, wat dee Moment och méi Leit um Terrain verlaangt. An op Basis vun deem ass de CGDIS dann och déi eenzeg Instanz, déi dee Moment zoustänneg ass, fir den Dispositif en place ze setzen.

De Verwaltungsrot vum CGDIS huet am Mäerz 2019 déi éischt Versioun vu sengem Taxereglement bestëmmt an et ass richtig, dass dëst Reglement och schonn e puermol huet missen adaptéiert ginn, awer d'Tariffer hu bis dato net geännert. Dat sinn nach ëmmer déi nämmelech, déi och deemools de CGDIS-Verwaltungsrot 2019 schonn esou festgehalen hat. Domadder kann ech also ganz kloer soen, dass et dee Moment net zu enger Erhéijung vun de Montante komm ass, mee dass nach ëmmer déi selwecht hei spillen.

Mee wéi ech virdru gesot hunn: Wann natierlech déi Risikoanalys gemaach gëtt, gëtt dee Moment jo gekuckt, wéi vill Leit gebraucht ginn, respektiv wou ganz genau d'Leit mussen opgestallt ginn, wéi dat am Detail ausgesäit. An natierlech kascht dat nun eemol och seng Suen. An dofir kritt dee Moment jo och den Organisateur, wann déi Konventioun gemaach gëtt, déi ech virdrun erwänt hunn, en detailléierten Devis, an deem och ganz genau déi eenzel Facteuren opgelëscht sinn.

Wichtig ass awer och nach ze soen, dass dee selwechte Verwaltungsrot bei Evenementer oder Manifestatiounen, déi elo de Staat respektiv d'Gemenge selwer organiséieren oder wou d'Gemengen zu den Hauptorganisateuren gehéieren, och eng Gratuitéit virgesinn huet. Also de Verwaltungsrot kann dee Moment decidéieren, dass esou eng Gratuitéit fir d'Gemengen ze maachen.

Dat gëtt dee Moment opgrond vum Taxereglement gekuckt an och opgrond vun der Gréisst vun der Gemeng, fir déi doten Tariffer respektiv déi Gratuitéit kënne festzehalen.

Wat d'Taxereglement betrëfft, sou kann een dat zu all Moment um Site vum CGDIS, dem 112.lu, nokuken. Do sinn och alleguerten déi Annexen dran. Dat heescht, wann elo Leit interesséiert sinn, fir an noer Zukunft esou Evenementer ze organiséieren, do fënnt een dat an aller Transparenz, fir dass een och direkt gesäit, wéi dat dee Moment opgelëscht gëtt.

A wéi gesot, wichtig ass, dass den Organisateur mam CGDIS am Virfeld Kontakt opheft.

An effektiv, Dir hat elo nach prezis den ING ugeschwat, dee méi deier ginn ass. Et ass esou, wéi ech gesot hunn, dass d'Reglement 2019 komm ass. Deemools hat den Organisateur awer scho virum Taxereglement mat der Organisatioun ugefaangen. Dat heescht, do ass nach gekuckt ginn, dass ee sech nach do kéint dee Moment arrangéieren, wuel wëssend, dass eeben haut, e puer Joer duerno, déi Risikoanalys eng ganz aner ass an dee Moment och vill méi Efforten um Terrain verlaangt an dann natierlech och en aneren Devis an eng aner Rechnung mat sech bréngt.

Op alle Fall ass et awer esou – an dat kann ech och bestätegen, dat hunn ech nach eng Kéier vum CGDIS

gesot kritt –, dass si awer d'Taxen tel quel, wéi et am Moment approuvéiert ass, och esou fir se alleguerten applizéieren.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Inneministesch.

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 329 vum Här Gilles Roth un d'Madamm Inneministesch iwwert d'Ëmsetzung vun den Urteeler vum Verwaltungsgericht vum 19. Mee 2022. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 329 du 7 juin 2022 de M. Gilles Roth relative à l'exécution des arrêts de la Cour administrative du 19 mai 2022 (n° du rôle 47069C et 47070C), adressée à Mme la Ministre de l'Intérieur**

**M. Gilles Roth (CSV)** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Fro dréit sech effektiv ëm zwee Urteeler vun eisem héchste Verwaltungsgericht. An déi hunn et awer nawell a sech. Ech liesen Iech just ee Considerant, wou déi héchste Riichter aus eisem Land festhalen à propos vun dem Inneministère an der Inneministesch:

„En n'assurant pas ses responsabilités à travers la décision déferée, le ministre“, also den Inneminister ass gemengt, „a en quelque sorte épousé les vices affectant la délibération du conseil communal contre laquelle la réclamation des appelants à été valablement dirigée et doit se voir appliquer les mêmes critiques en termes de non-conformité aux principes fondamentaux ci-avant visés de l'État de droit, de la démocratie parlementaire locale et des principes de systémique de l'ordonnancement juridique en place.“

Dat heescht, am Kloertext geheien déi héchst Verwaltungsgerichter der Inneministesch hei vir, si hätten verstouss géint déi elementar Prinzipie vum Rechtsstaat, d'Prinzipie vun der parlamentarescher Demokratie op lokalem Plang an d'Prinzipie vun der Organisatioun vun eiser Justiz. Dat sinn also grav Virwërf, déi an deem Urteel festgehalen goufen.

Wat ass do virgefall? Et ass 2019 en Urteel gefall, wou den Dikrecher Gemengerot derzou verpflichtet gi war, verschidden Terrainen als Bauterrainen auszuweisen an dee Moment ze reklasséieren. Doropshin huet den Dikrecher Gemengerot zweemol e Vott geholl, an dat war eng Pattsituatioun, nämlech sechs Jo, sechs Nee. An de Buergermeeschter, deen huet sech allkéiers enthalen, zweemol.

Resultat: Déi Leit hunn nach eng Kéier misse Recours beim Verwaltungsgericht maachen, an dobäi ass de Staat zu net manner wéi 5.000 Euro Indemnité de procédure, also Verfareskäschen, verurteelt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, den Artikel 103 aus dem Gemengegesetz gesäit ganz kloer vir: „Le Grand-Duc peut annuler les actes collectifs et individuels des autorités communales qui sont contraires à la loi ou à l'intérêt général.“ Dat heescht, am Kloertext huet de Minister derfir ze suergen, dass de Gemengerot trotz senger Autonomie am generellen Interessi handelt. An ech wëll ganz kloer soen, dass de generellen Interessi och heescht, dass een d'Urteeler vun dem héchste Gerichtshaff, vum Verwaltungsgeschichtshaff, respektéiert. Dat zielt absënns fir d'Inneministesch.

Duerfir si folgend Froen ze stellen: Deelt d'Madamm Inneministesch d'Konklusioun vum Verwaltungsgeschichtshaff, sou wéi ech se elo virgelies hunn? Zweetens: Huet d'Madamm Inneministesch schonns Suerg derfir gedroen, dass déi Urteeler vum Verwaltungsgeschichtshaff an der Dikrecher Affär ëmgesat ginn? A wat ënnerhéilt d'Madamm Inneministesch, wann d'Gemeng weiderhi refuséiert, d'Urteeler vum Verwaltungsgeschichtshaff ze exekutéieren? A meng

lescht Fro ass déi: Hei handelt et sech ëm d'Gemeng Dikrech – gesäit d'Inneministesch de Prinzip vum der Autonomie communale och esou large bei anere Gemengen, wou de Buergermeeschter net d'Parteikaart vun hirer Partei dréit?

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Roth. D'Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, huet d'Wuert.

(Interruption)

**Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur** | Gutt. Dann elo zur drëtter Fro haut u mech, vum Deputéierte Roth, e ganz interessant Thema, och wann ech vläicht elo verschidden Opfaassungen Ärersäits net grad esou deelen, zemoos dee leschte Saz. Mee bon, do ginn ech nach herno drop an.

Trotzdem, fir eng Kéier kuerz awer de Kontext ze setzen: Den Interieur konnt net aneschtens handeln, wéi en et gemaach huet, well einfach d'Gesetzgebung dat och net aneschtens erlaabt. An effektiv, mat deem Urteel hei hu mer en neie Moment, sou dass mer natierlech wäerten och deem Urteel an Zukunft Rechnung droen, sou wéi mer dat ëmmer bei de Jurisprudence maachen, an och deementsprechend mat der Gemeng kucken, wéi mer dat doten, respektiv wéi si dat doten och kéinte geléist kréien.

Den Ausgangspunkt huet den Här Roth schonn erkläert, dass et eeben ëm d'Pattsituatioun an engem Gemengerot gaangen ass, notament, wou den deemolege Buergermeeschter seng Stëmm ... also en huet sech enthalen. An hei gesäit, wéi gesot, d'Gesetz eigentlech net méi vir, wouvir ech och ganz kloer gesot hunn, dass ech keng Entscheidung kéint approuvéieren, well et keng Entscheidung, keng Majoritéit gouf.

Déi Situatioun, wéi gesot, konnte mer dee Moment net aneschtens interpretéieren. Dat ass dat, wat mir och bei eis am Haus mat eise Juriste ganz genau gekuckt hunn. An eise Wëssens ass et och bis dato ni eng Situatioun an engem Gemengerot ginn, déi sech esou gestalt huet, wéi dat eeben hei an deem Gemengerot war.

Dir hutt grad aus engem Urteel zitéiert an et ass richtig, dass mer do Onrecht kritt hunn. Mee bon, ech hätte Iech och nach kënne d'Urteel aus der éischter Instanz zitéieren, do hate mer Recht kritt. Bon, et ass an der Rei, et ass dat Zweet, wat zielt. Mee just fir ze soen, dass et vläicht net esou einfach ass, soss hätte mer och net an der éischter Instanz Recht kritt. Esou ganz kloer ass dat heiten och net. Mee gutt, ...

(Interruption)

... elo hu mer eeben déi Jurisprudenz, ...

(Interruption)

... mir hunn elo hei ...

**Une voix** | Et gëtt ëmmer besser heil!

**Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur** | ... déi Orientéierungen. A mir wëssen dann an Zukunft, wa sech déi dote Fro nach eng Kéier sollt stellen ...

**M. Gilles Roth (CSV)** | Madamm Minister, et deet mer leed, mee Dir hutt e komescht Rechtsverständnis, dass Dir eigentlech Urteeler ...

(Interruption par la présidence)

... aus zweeter Instanz a Fro stellt, op Basis vun Urteeler ...

**Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur** | Ech hunn et guer net a Fro gestallt!

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Si huet et iwwerhaupt net a Fro gestallt, Dir hutt just net nogelauschart!



**M. Fernand Etgen, Président** | Här Roth, et gëtt am Fong geholl keng Prozedur, ...

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Dir hutt just net nogelauschart, Här Roth!

**M. Fernand Etgen, Président** | ... wou een an der Froestonn d'Madamm Ministesch därëf ënnerbriechen. Et deet mer leed.

**Une voix** | D'Leit si schockéiert!

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Jo. Dir hutt Är Iddi am Kapp an Dir lauschart ...

**Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur** | An ech sinn, ...

**M. Dan Kersch (LSAP)** | ... net no!

**Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur** | ... jo, also ech si schockéiert, dass Dir schockéiert sidd!

**M. Fernand Etgen, Président** | D'Madamm Innemistesch huet ganz eleng d'Wuert!

**Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur** | Kommt, mir bleiwen awer mol vläicht bei de Fakten! Well ech mengen, d'Fro ass jo elo:

*(Interruptions)*

Wéi gi mer mat deem doten Urteel ëm respektiv, wat bedeit dat doten elo ganz genau?

Bon, d'Gericht seet eis elo, dass mir an Zukunft, wa sech esou eng Situatioun nach eng Kéier sollt stellen, wou eng Pattsituatioun an engem Gemengerot wär a wou eeben de Gemengerot dee Moment keng kloer Decisioun kéint huelen, dee Moment déi Deliberatioun als Refus misste consideréieren an dee Refus och iwwerpräiwe missten. Dat heescht, mir missten eng Analys maachen, ob zum Beispill schon en Urteel vun engem Gericht géif virleien. A wa mer dann der Meinung wäeren, dass dee Refus illegal wär, da géife mer froen, dat ze rectificéieren, respektiv dee Moment misste mer dann annulléieren goen an de Gemengerot misst en neie Vott huelen.

Wéi mir dat do Urteel elo bei eis erakritt hunn, hu mer direkt e Bréif un déi zoustänneg Gemeng geschriwwen, deen entretemps och misst ukomm sinn, an deem mer se opfuerderen, dass se deem Urteel do elo solle Rechnung droen, dass se en zweeten, also en neie Vott sollen huelen, deen dann dee Moment och konform zum Urteel vun der Cour administrative ass, esou wéi si dat och hei am Urteel ganz kloer vun eis exigéieren. Dat heescht, mir hunn d'Gemeng doriwwer a Kenntnis gesat a mir wäerten nach eng Kéier Kontakt mat der Gemeng ophuelen, fir dat nach eng Kéier mat hinnen elo ganz genau ze kucken a si och kënnen hei weider ze beroden, fir natierlech ze kucken, dass déi Situatioun sech do an Zukunft net méi stellt a virun allem, dass si och déi definitiv Refonte vun hirem PAG hunn an dass dat dee Moment och esou en vigueur ass.

Zu der leschter Remark, ob ech elo géif eng Differenz tëscht LSAP-gefuerte Gemengen oder CSV-gefuerte Gemenge maachen, muss ech Iech éierlech soen, dass ech dat eigentlech eng risege Frechheet fannen, fir mir dat heien esou ze ënnerstellen! Ech hunn nach ni eng Differenz gemaach tëscht de jeeeweilige Gemengen. Mir ass et wierklech relativ schnuppe, wéi eng politesch Couleure e Buergermeeschter, eng Buergermeeschtesch huet. An dat ass jo och net meng Missioun, do eng Differenz ze maachen. Ech si fir jiddereen do. A gleef mir, grad och déi Gemengen, déi vun CSV-Politikerinnen a -Politiker gefuert sinn, déi wësse ganz genau, wou se mech fannen, wa se gären eppes hätten, wa se gäre wëlle wëssen, wou en Dossier drun ass. Wa se gären Informatiounen hätten, da wësse se ganz genau ... Si hunn

och meng Telefonsnummer a wëssen, wéini se mech kënnen urufen. An ech sinn och fir allegueren d'Politikerinnen an d'Politiker do, an déi lescht Remark, ganz éierlech, déi hätt Der Iech kënnen spueren!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Innemistesch Taina Bofferding.

Mir kéimen dann elo zur Fro Nummer 330 vum Här Carlo Weber un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten iwwert d'Infrastrukture fir Buschaufferen. Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 330 du 7 juin 2022 de M. Carlo Weber relative aux infrastructures pour les chauffeurs de bus, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**M. Carlo Weber (LSAP)** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Mobilitéitskonzept an d'Entwécklung am Stroossebau gi virun, gradewéi och den Ausbau vun den Elektrobussen. Bei all deenen ëffentlechen Infrastrukture muss een och bedenken: Et feelt weider un ëffentleche Parkméiglechkeeten a sanitären Installatiounen. Ech denken hei speziell un d'Chauffere vu Bussen, Camionen a Camionnetten – also un d'Berufsschaufferen –, feelend Infrastrukturen zum Beispill laanscht d'N7 oder d'N15.

Déi vill Chaufferen, déi all Dag fir eis ënnerwee sinn, wäeren eis dankbar fir sanitär Installatiounen. D'Penurie u Chaufferen ass säit Laangem bekannt. Dat hânt och mat deene schlechten Aarbechtsbedéngungen zesummen. Et stinn einfach net genuch sanitär Installatiounen op eise Strecken, speziell eise laange Busstrecken, zur Verfügung.

Meng Fro un den Här Bausch: Gëtt et Iwwerleeungen oder Pläng, wat den Ausbau vu Parkméiglechkeeten mat sanitären Aarrichtungen betrëfft? Wa jo, denke mer hei och un esou Infrastrukturen am ländlechen Raum? Ech soen Iech Merci fir Är Äntwert.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Weber. Den Här Minister fir Mobilitéit, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** | Jo. Merci der déi Fro, déi ech awer och scho méi wéi eng Kéier beäntwert hunn. Dofir gëtt et mer awer och nach eng Kéier d'Geleeënheet, fir och do nach eng Kéier ze soen, wéi am Fong d'Gesetzlech Lag ass. An d'Gesetzlech Lag gesäit vir, dass de Staat den RGTR finanziert an dass awer d'Gemengen zoustänneg si fir d'Infrastruktur. Dat heescht, dass souwuel d'Arrête vun der Gemenge mussen installéiert gi wéi natierlech och d'sanitär Anlagen.

Well ech awer domadder net zefridde war a well ech och de Gewerkschaften wollt hëllefen – scho virun enger Rei Joren –, fir dee Problem do ze léisen, ass de Staat dann op de Wee gaangen ... do hu mer dunn alles zesummegeruff, de Syvicol, a mir hunn och eng Reegelung fonnt, dass dann de Staat, fir datt et och geschitt, souguer bereet ass, awer e Subsid ze gi vu 50 %. Dat heescht, wann eng Gemeng esou eppes baut, subsidéiere mir dat als Ministère zu 50 %.

Doropshin ass och Beweegung an den Dossier komm. Mir hunn 2018 48.532 Euro ausgin, also véier Sitten ekipéiert. 2019 hu mer erëm eng Kéier zwee Sitten ekipéiert fir 38.100 Euro. Dat ass dat, wat de Staat elo bäigeluecht huet. Do kënt jo nach eng Kéier dat nämmleche drop vun der Gemeng. 2020 ass näischt geschitt, mee bon, do wësst Der, firwat: Do war d'Pandemie do. Et ass souwisou net vill am Bau geschafft ginn. An dann, 2021, hu mer erëm eng Kéier dräi nei Sitten ekipéiert. Also am Total sinn elo schon néng Sitten an deene leschten dräi Joer ekipéiert ginn.

Dat ass nach ëmmer net honnertprozenteg zefriddestellend, mee mir sinn do op d'Gemengen ugewisen. D'Gemenge mussen dat eigentlech maachen. An do sinn der, déi si méi proaktiv an et sinn der, déi si manner proaktiv. An et sinn der, déi denke méi un d'Chaufferen an et sinn der, déi denke manner un d'Chaufferen.

Duerfir hu mir och elo erëm am Budget 2022 100.000 Euro virgesinn. 2023 wëlle mer de Budget souguer nach eng Kéier héijen. Also nach eng Kéier en Appell vu menger Säit aus un d'Gemengen: Wannechgelift kuckt, wou Är RGTRs-Linnen, wa se bei Iech Terminus hunn, ... datt mer dat zesumme kënnen amenagéieren. A wéi gesot, Dir kritt et entre-temps och zu 50 % vum Staat matsubventionéiert.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch.

## 8. Question écrite n° 6126 de Mme Martine Hansen relative au système de réservation pour le transport CAPABS

Mir kommen dann elo zur Fro Nummer 6126 vun der Madamm Martine Hansen an dem Här Max Hengel. Dat ass eng vun deene ville Froen, bei deenen den Délai de réponse ofgelaf ass. A bei där Fro geet et ëm de Reservatiounssystem fir de Sonnertransportdénchscht CAPABS. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Merci, Här President. De Reservéierungssystem fir de CAPABS gëtt vun der Rentrée 2022/2023 un ëmgestallt a wäert dann nom Modell vum Adapto-Dénchscht funktionéieren.

D'CAPABS-Notzer goufen Enn Mäerz – an dee Bréif ass op de 25. Mäerz datéiert – iwwert dëse Changement informéiert a gebieden, dee bäigeluchte Formulaire auszufüllen, ze ënnerschreiwen a bis den 1. Abrëll zréck un de Mobilitéitsministère ze schécken. Dofir bloufen de concernéierte Leit deemno just siwen Deeg.

D'Betriebsbedéngungen waren opgeléicht. Ënner anere steet awer och dran, dass verschidde Leit kënnen ënner verschiddene Bedéngungen bestrooft ginn.

Sou kann den Notzer beispillsweis mat zwee Deeg Matfuerverbuert bestrooft ginn, wann hien en ugefroen Trajet net annulléiert huet. Am Fall vun enger Tatwidderhuelung, wéi dat am offiziellen Dokument genannt gëtt, kann dëst Verbuert bis zu véier Deeg goen. Fënnf bis zéng Deeg bedeit d'Strofmooss och am Fall wou den Notzer net vun der virgesinner Persoun ofgehall gëtt. An et steet weider dran: „Die Aussetzung des Zugangs zum spezifischen regelmäßigen Sondertransportdienst kann für das laufende Kalenderjahr ausgesprochen werden, wenn der Begünstigte verschiedene Verstöße [...] kumuliert und wiederholt, was dazu führt, dass die Beförderung nicht mehr organisiert werden kann.“

An deem Kontext wollte mer gäre follgend Froen un den Här Mobilitéitsminister stellen.

Éischtens: Gouf eng Evaluatioun vun der neier Adapto-Reservatiounsplattform gemaach en vue vun der Ëmstellung op de CAPABS-System? Wa jo, wat waren d'Erkenntnisser? A wann Nee, firwat net?

Zweetens: Firwat war den Delai, an deem déi concernéiert Leit op d'Schreiwe hu misse reagéieren, sou kuerz, genau siwen Deeg?

Drittens: Hält den Här Minister et fir gerechtfertigt an ubruecht, fir CAPABS-Notzer – dat sinn alles Leit mat enger Behënnung – am Fall vun engem Feelverhalen ze responsabiliséieren respektiv souguer ze bestrofen? Wa jo, op Basis vu wéi enge Krittären ass de Strofekatalog opgestallt ginn? An a wéi e legale

Kader schreibe sech d'Sanktiounen an? Ass den Här Minister der Meenung, datt d'Relatioun tëschent Dot a Strof, sou wéi se am Strofekatalog virgesinn ass, verhältnisméisseg ass? Wann net, wéi justifiéiert den Här Minister dëse Strofekatalog? A soll dëse weider bestoe bleiwen?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hansen. Den Här Vizepremier a Minister fir Mobilitéit, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** | Merci der Madamm Hansen nach eng Kéier fir hir Froen.

An och nach eng Kéier: Entschëllegt, ech sinn effektiv dräi, véier Deeg en retard. Mee ech hunn awer, éischens, elo mol direkt derfir gesuergt, datt se schrëftlech virläit. Dat ass ganz am Detail. Ech dinn Iech dat elo net un, Iech dat hei ganz virzeliesen. Et sinn dräi Säiten. Ech géif, Här President, se ofginn. Da kann d'Madamm Hansen se duerno och direkt kréien.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci.

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** | Do sti vill méi Detailer nach dran iwwert de ganze System vum CAPABS.

Ech wëll duerfir am Resümee e puer Saache beäntweren, déi och elo an de Froe waren. Dat éischt ass emol: Jo, et gëtt eng reegelméisseg Evaluatioun gemaach, souwuel mat de Gestionnaire vum de Strukturer wéi och natierlech mat den Notzer. Mir kréien do relativ viles eran. An ech wëll awer soen, emol fir d'éischt positiv: Tëscht 2021 an elo déi éischt sechs Méint 2022 si pro Mount d'Reklamatiounen e gutt Stéck erofgaangen. Dat heescht dat, wou mer scho reagéiert hunn a wat mer adaptéiert hunn, huet scho sécherlech gewierkt. De Callcenter ass jo och opgestockt ginn an déi App gëtt och iwwerschaafft. Déi Ëmfro ass do gemaach ginn, ënner anerem fir nach méi Daten ze kréien a Fonctioun vum der App.

An deen Delai ... Bon, siwen Deeg, dat ass effektiv kuerz, dir hutt Recht, mee dat war awer och esou mat de Strukturen ofgeschwat, de Gestionnaire vum de Strukturen. Well si selwer och wollten, datt et géif séier goen, fir nach méi Daten ze kréien, fir datt mer sou séier wéi méiglech kéinten d'App upassen.

De 15. Juni ass als Stéchdatum virgesinn, fir mat éischte Strukturen déi nei App auszetesten, also mat den neien Adaptatiounen. Wéi gesot, duerfir brauche mer natierlech eng immens breet Datebasis, fir datt mer kënnen déi ganz App optiméieren.

Ech wëll och soen: Deen, deen d'CAPABS-App entweckelt huet, dat ass déi nämmlech Firma, déi och Adapto entweckelt huet. Mee et sinn awer zwou verschidde Plattformen. Dat heescht, déi hunn näischt mateneen ze dinn. Déi funktionéieren och zum Deel ganz aneschtens.

An duerfir sinn ech awer iwwerzeegt, an Dir wäert gesinn an der Fro ... – Dir hutt nach méi Detailer dran an der schrëftlecher Äntwert, déi Der elo kritt, da kënnt Der déi noliesen. Wann dann nach eppes onkloer ass, kënnt Der mech dat och froen.

Zum Strofekatalog: Et muss ee wëssen, datt et och viru scho Strofe ginn huet. Zënter de System besteet, huet et déi ginn. Mee déi sinn awer zimmlech, ech soen e bëssen arbiträr ugewannt ginn. Dat ass esou e bëssen a Funktioun: Do huet ee sech net grad esou beholl, dann decidéiere mer elo mol Follgendes.

An dat wollte mer op alle Fall net méi. Mir wollten awer kloer schrëftlech festleeën, wéi d'Verhaltensregeln solle sinn. Ech kann Iech awer berouegen: An

der Praxis ass et ganz wéineg ugewannt ginn. An dat ass och net d'Zil. An ech verstinn: Wann een de Katalog esou liest, klängt dat immens erschreckend. Mir kucken och elo nach eng Kéier driwwer. Ech hat och eng Associatioun elo rezent do, déi hunn natierlech änlech reagéiert wéi Dir, mee wéi mer mat hinnen dunn diskutéiert hunn, hu se scho méi verstanen, ëm wat et geet. Mir wäerten dat nach clarifiéieren an och den Notzer nach eng Kéier méi no bréngen, wéi dat ze verstoen ass.

Also d'Objektiv ass net elo, hei drakonesch Strofen auszeschwätzen, mee einfach kloer, schrëftlech festgehale Reegelen ze kréien. Duerfir: Dee Strofekatalog sollt een elo emol als eng éischt Ebauche huelen, an d'Detailer wäerte mer da gesinn, wann et bis esouwäit ass a wann e virun allem och deenejéinegen uerdentlech erkläert ginn ass, déi am Fong beträff sinn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch.

## 9. Interpellation de M. André Bauler au sujet de la protection du patrimoine culturel immatériel

Den nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten ass d'Interpellatioun vum Här André Bauler iwwert de Schutz vum immaterielle Kulturierwen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Georges Mischo, d'Madamm Lydia Mutsch, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Fred Keup an den Här Sven Clement.

D'Wuert huet elo den Auteur vum der Interpellatioun, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**M. André Bauler (DP)**, interpellateur | Här President, léif alleguer, RTL huet d'lescht Joer an engem Feature drop higewisen, datt de belsche Frittbudeverband déi belsch Fritt nominéiert huet, fir se op d'Unesco-Representativlésch vum immaterielle Kulturierwe vum der Mënscheit ze setzen.

(Interruption)

Dat wier iwwregens ...

(Hilarité)

... net déi éischt Iessgewunnecht, déi op dës Lëscht kéim. Sou ass de Couscous vum enger Rei nordafrikanesche Länner als Patrimoine immatériel proposéiert ginn an e gouf och als dat akzeptéiert. Dat selwecht gëllt fir déi klassesch Iesskultur ronderëm d'Mëttelmeer.

Léift geet bekanntlech net nëmmen duerch de Mo, och d'Kultur ass eng Affär vu Mo an Daarm!

Keng Panik! Ech wäert elo haut an hei net derfir plädéieren, fir eis gutt Lëtzeburger Speckgromperen op d'Unesco-Representativlésch vum immaterielle Patrimoine vum der Mënscheit setzen ze loossen. Sënn an Zweck vu menger Interpellatioun ass et, gewuer ze ginn, wou mer an dësem Dossier dru sinn a wat d'Politik konkret maache kann, fir eisen immaterielle Patrimoine nach besser ze schützen, ze flegelen an e virun allem och an Zukunft waakreg ze halen.

Hei zu Lëtzebuerg figuréiert d'Sprangprëssessioun zanter 2010 op der Unesco Representativlésch vum immaterielle Kulturierwe vum der Mënscheit, gradwéi d'Haupeschbléiser, déi 2020 unerkannt an opgeholl goufen. Op der Lëscht vun der Unesco si mëttlerwäit iwwer 500 Traditionen aus wäit iwwer 100 Länner ageschriwwen: Dat geet vum Yoga an Indien, dem Gongschloen am Vietnam bis iwwert dat

handwierklecht Wësse ronderëm d'Mechanik vun den Aueren an der Schwäiz an a Frankräich bis hin zu der arabescher Kalligrafie.

Heiheim hu mer en nationalen Inventar vum immaterielle Patrimoine, op deem d'Traditioun vum Kleeschen agedroen ass, awer och d'Lëtzeburger Volleksdanz, d'Schueberfouer oder och nach d'Konscht vum Dréchemauerbauen.

Léif alleguer, den 10. Februar hu mer hei am Plenum en neit Kulturierfchaftsgesetz gestëmmt. Domadder hu mer de gesetzleche Kader geschaf, deen et erlaabt, de kulturelle Patrimoine vum Land un déi nächst Generatiounen ënner bessere Bedéngunge kënnen weiderzeginn. Et ass eng gesetzlech Rumm, déi fir en dätteleche Méi un Transparenz, u Kohärenz an u Rechtssécherheet steet. En zäitgeméisde Kader deemno, deen eng Äntwert op d'Erausforderunge vun eiser Zäit an dësem spezifesche Beräich gëtt.

Mat deem Gesetz soll net nëmmen de wäertvollen an dofir erhaltenswäerte materielle Patrimoine geschützt ginn, mee eeben och deen immateriellen.

D' Websäit vum Kulturministère fir d'immateriell Kulturierwen zu Lëtzebuerg, de sougenannten IKI, weist drop hin, datt d'Unesco Gebräicher, Opféierungen, Ausdröckweisen, Uluechten, Wëssensschätz a Fangerfäerdegkeeten, déi d'Mënsche selwer als Deel vum hirem kulturellen Ierwen ugesinn, als „immaterielle Patrimoine“ bezeechent. D' Websäit vum IKI preziséiert an deem Zesummenhang, datt och d'Objeten an d'Plazen, d'Geschier an d'Gezei, déi néideg sinn, fir dës Traditionen um Liewen ze halen, derzougehéieren. Vu Generatioun zu Generatioun géif dës Ierfchaft ëmmer nei vum hiren Ierwen erschaaft ginn, dëst am Zesummespill mat hirem spezifeschen, also hirem eegenen Ëmfeld, hirer Geschicht an der Natur. Dat kann een dann op der Homepage vum IKI noliesen.

Aus deem Grond gëtt dat immateriell Kulturierwen och gären als „liewegt Kulturierwe“ bezeechent: Lieweg, well all déi Leit, déi et iwwerhuelen an et praktizéieren, et als dat och unerkennen a virun allem um Liewen halen. Lieweg awer och, seet den IKI, well et dës Mënschen e Gefill vun Identitéit a Kontinuitéit vermëttelt. D'Leit an eisen Dierfer a Stied halen hiert immateriell Ierwen um Liewen. An ëmgedrëit dréit hiert Ierwen dann awer och zu hirem Liewe bäi.

Den immaterielle Patrimoine ëmfaasst, wann een der Unesco gleeft, fënnf Beräicher.

Éischters: Déi mëndlech iwwerliwwert Traditionen an Ausdröckformen, y compris d'Sprooch als Träger vum immaterielle Kulturierwen.

Zweetens: Déi duerstellend Konscht wéi Musek, Danz an Theater.

Drittens: Déi gesellschaftlech Gebräicher, sozial Praktiken, Ritualer a Fester.

Viertens: D'Wëssen an d'Praktiken am Ëmgang mat der Natur an dem Universum.

Fënneftens: D'Fachwëssen iwwert traditionell Handwierkstechniken.

Et ass ouni Zweifel wichteg, datt et ëmmer nees Mënschen an Organisatiounen gëtt, déi, nieft dem Staat, vigilant bleiwen an eise kulturelle Patrimoine am Bléck behalen. Besonnesch beim immaterielle Patrimoine gëllt et, nach vill Iwwerzeegungs- an Opklärungsarbecht ze leeschten, fir datt et wierklech net zu engem Ausstierwe vu wäertvolle Gebräicher kënnt oder al Traditionen entstallt oder souguer mëssbraucht ginn. Alkéiers wann eng Tradition ausstierft, stierft e Stéck vum eiser Kultur, stierft e Stéck vum deem, wat eis als Land a Gesellschaft charakteriséiert an zesummegehalen huet.



Eis Traditione verdéngen et dowéinst, studéiert, dokumentéiert, geschützt a weidervermëttelt ze ginn. D'Zukunft op Lëtzebuergesch, jo, dat däerf net nëmmen e Leitmotiv sinn. Dëse Motto muss och zu enger méi starker Wäertschätzung a Vermëttlung vum immaterielle Vermiechtnes féieren, wat eis als Land an als Gesellschaft um Liewen hält.

**Une voix | Très bien!**

**M. André Bauler** (DP), interpellateur | Dat erkläert och, firwat ech grad am Hibleck op d'Erausforderungen, déi d'Pandemie mat sech bruecht huet, d'Madamm an den Här Minister gebieden hunn, fir nach eemol zesummen hei am Plenum am Kader vun dëser Interpellatioun iwwert de Schutz an d'Fleeg vun eisem immaterielle Patrimoine nozedenken.

Hei zu Lëtzebuerg gëtt et do sécherlech nach Sputt no uewen. Et geet drëm, den Träger vun esou Traditionen och mat Rot an Dot zur Sait ze stoen, si also net eleng ze loossen, hinne finanziell ze hëllefen, wann néideg, si ze begleeten, souwuel an der Praxis wéi awer och a grad, wa si sech beméien, hiert spezifesch kulturellt Ierwen op den nationalen Inventar vun de geschützten Traditionen, Gebräicher a Praktiken ze kréien.

Dofir wollt ech nach eemol d'Iddi vun engem speziellen Institut fir den immaterielle Patrimoine an de Raum geheien, och wann et sécherlech dat klengsten Institut wier. Ech weess, Madamm Minister, datt Dir dat anescht gesitt beziéungsweis, datt Dir dat net wëllt, well Der mengt, d'Legislatioun ronderëm den Institut national du patrimoine architectural géif dat mat ofdecken, an de Kader vum Denkmalschutzgesetz. Ech kann dat gären novollzéien, zumindest deelweis. Trotzdem wier et awer gutt, wa mer eng spezifesch gräifbar Ulafstell, dann nenne mer d'Kand esou, kréichen, ob se dann elo Institut heescht oder net, déi sech gezielt a systematesch mat dem Schutz, der Fleeg an der Vermëttlung vum immaterielle Patrimoine befaasst an dëser Aarbecht virun allem méi Visibilitéit gëtt.

Duerch dat neit Kulturierfchaftsgesetz huet elo all Patrimoine säin eegent Institut, dat fir seng Konservatioun zoustänneg ass an dat dann all Kéier och an der neier Commission pour le patrimoine culturel vertrueden ass. D'Archeologie krut elo den INRA, d'Architektur den INPA. De Mobilier huet den nationalhistorische Musée, den MNHA, a kritt elo nach zousätzlech juristeschen Ënnerstëtzung vum Kulturministère. Just dat liewegt Kulturierwen huet nach keng spezifesch Ulafstell fir sech. Et besteet just aus engem eenzege Beamten a war bis ewell am CNA ënnerdaach. Elo, hunn ech héieren, ass dee Beamte jo am Kulturministère affektéiert am neien Département du patrimoine als Verantwortleche fir dat immateriellt Kulturierwen.

An och an der neigeschafener Commission pour le patrimoine culturel ass dat liewegt Kulturierwen als eenzeg net esou vertrueden, datt een et géif gutt gesinn. Vläch, well et eebe keng visibel Ulafstell fir sech huet. Dobäi gesäit d'Unesco-Konventioun vum immaterielle Kulturierwe vir, datt all Staat esou en Organisme schafe soll. Als eenzege vun alle Patrimoine, déi dat neit Gesetz betrëft, gëtt den immaterielle Patrimoine nämlech direkt vun enger Unesco-Konventioun regéiert. E weesentlechen Deel vum Erhale vum immaterielle Kulturierwe betrëft dofir mol d'Matschafen am Kader vun der Unesco. Gleeft een der Broschür vum Kulturministère zum neie Gesetz, sou si momentan véier weider Unesco-Kandidaturen an der Maach: D'Konscht vun den Hiewannen, d'Konscht vun dem Dréchemauerbauen, d'Fléizen an d'Wanderschäferi. Dëst sinn allkéiers international Kandidature mat anere

Länner zesummen, wou Lëtzebuerg sech keng Bléisst däerf ginn.

An och wann esou eng Tradition eemol bis vun der Unesco unerkannt ass, muss de Staat sech hei am Land weider drëms këmmen an der Unesco reegelméisseg Rapporten maachen, wat hien hei zu Lëtzebuerg alles fir dat kulturellt, immateriellt Ierwen ënnerholl huet.

Fir hei kënnen matzehalen, sinn internationaalt, diplomatesch an zugläich lokaalt, buedemstänneg Fachwësse verlaangt, fir mat de Leit op allen Niveaue kënnen eens ze ginn. Dëst verlaangt eng Villfalt u stänneg Kontaktter heiheem an uechter déi ganz Welt.

Dobäi kommen dann elo Verflüchtungen vun den Artikelen 104 an 105 iwwert d'Erhale vum immaterielle Kulturierwen am neie Patrimoinengesetz. Dat ass nei. Wann ee gesäit, wat fir en Asaz staatléchersäits beim Erstelle vum nationalen Inventar verlaangt ass, wat fir eng Hellewull u Sensibiliséierungs-, Dokumentations-, Stärkungs- a Weiderbildungsmaassnahmen hei vum Kulturministère musse gelescht ginn, da seet ee sech: Realistes kann dat, wat déi national wéi och déi international Gesetzgebung fir d'immateriellt Kulturierwe virgesäit, nëmme vun engem gutt opgestallten Institut oder änlechem Organisme gelescht ginn. Nëmme dann ass dat immateriellt Kulturierwen a sengem Wäert unerkannt an deenen anere Patrimoine gläichgestallt.

Am Kontext vun der Noutwendegkeet vun esou engem Institut kéint ee sech och am Kader vun engem staatléche Musée eng Aart klengen awer rengen Dokumentationszenter virstellen mat audiovisuellem Material vum CNA, Géigestänn aus staatléchen a private Sammlungen a Vernetzung mat all deenen Institutionen uechtert d'Land, déi sech aktiv fir déi didaktesch Transmissioun vum immaterielle Kulturierwen setzen: Naturparken, Gemengemuséeën wéi de Grouwemuseum zu Rëmeleng oder privat Muséeën wéi d'Thillenvogtei zu Randschelt.

Esou en zentralen Dokumentationszenter kéint eng Aart Vitriin a kreativen Hub vum liewege Kulturierwe vu ganz Lëtzebuerg sinn, kuratéiert a koordinéiert vun engem Institut fir d'immateriellt Kulturierwen.

Léif alleguer, déi lieweg Traditione sinn déi kulturell Séil vun eiser Gesellschaft. Zënter Joerhonnerte gehéiere si zu eiser Kultur: Liichtmëssdag, d'Fuesent mat hire Kavalkaden, Buergsonndeg, d'Eemaischen, d'Éischt-Mee-Feieren, d'Zeremonien op Päischtméindeg op der Përmesknupp bei Kauneref oder de Gebrauch vum Trauflucht, wéi et nach zu Munze praktizéiert gëtt.

Alles dat sinn e puer Momenter am Joer, mat deenen och spezifesch Praktiken verbonne sinn.

Op Buergsonndeg gëtt de Wanter symbolesch verbrannt a verdréiwten.

D'Klibbere seet eis, datt geschwënn Ouschteren ass an datt d'Klacken op Roum beichte sinn. Während de Kardeeg si si et also net, déi eis wéi gewinnt drun erënneren, datt et moies, mëttes an owes ass, mee d'Klibberkanner, déi sech mat vill Freed fräiwëlleg dofir midd maachen. Rezent gouf et jo och Beméiungen, fir d'Klibberen national ze schützen.

Dëst liewegt Kulturierwe mécht trotz oder grad och wéinst deenen Ustrengungen, déi dacks domadder verbonne sinn, Freed. Freed fir déi Leit, déi et praktizéieren. Et mécht deene Leit Freed, déi drun deelhuelen duerch Matmaachen, Nokucken an Nolauschteren, duerch materiell a moraleschen Ënnerstëtzung, sou wéi dat haut de Moien a bis an de fréien Nomëtten eran de Fall op der Iechternacher Sprangprëssessioun war, déi jo bekanntlech Unesco-geschützt ass.

A well se Unesco-geschützt ass, muss ee sech och ëmmer nees staatléchersäits ukucken, datt een do eng Hand mat upeekt, datt een also kuckt, wou ee konkreet och als Staat hëllefe kann. Do sinn net nëmmen de Kultur- an de Schoulministère gefuerdert, mee och aner Ministère. Ganz besonnesch wann et ëm de Schutz vun den Nokuckerte geet an deene Leit, déi un der Tradition deelhuelen.

Léif alleguer, dat immateriellt Kulturierwe mat senger Fester a Gebräicher gëtt ville Leit hei am Land en Halt a strukturéiert hiert Erliewe vum Raum a virun allem den Oflaf vum Joer, d'Zäit also, déi eis ginn ass.

Ee vun de Gebräicher ass zum Beispill de Bärbelendag, de 4. Dezember, am Minett, do, wou e besonnesch gefeiert gëtt, mee net nëmmen, och wann déi lescht Grouf scho viru 40 Joer zougemaach gouf. Och eisen Nationalfeierdag – Groussherzogs- oder Kinneksgebuertsdag, wéi verschidde Lëtzebuerger nach soen – oder d'Schueberfouer sinn Traditionen, déi net aus dem Kalenner ewechzedene sinn.

1987 hunn aus dem Dikrecher Kolléisch d'Maisy Hausemer, de Paul Scheuer an de Georges Fautsch de léierräiche Film KlibberkleeschenSchueberMaischen-AllerHerrgottsNationalSprangKiermes, eng Produktioun vun der AFO, virgestallt. Och déi Jonk goufen hei an de Mëttelpunkt gestallt an den Auteur aus der Wochenzeitung „Lëtzebuerger Land“ huet sech schonn deemools, den 23. Januar 1987, an der Rubrik „Am Rande“ gefrot – ech zitieren, 1987! –: „Wäerten des Kanner nach an Zukunft déi selwecht Traditionen a Gebräicher erliwien? Oder wäerte se dann nëmmen nach TV- oder Video-orientéiert sinn?“ Haut brauch een TV just duerch Smartphone oder PC a Video duerch Internet ze ersetzen, da bleift d'Fro héich aktuell.

Bleiwene Traditionen also lieweg oder si se eng verstëbste Routine aus enger längst vergaangener Zäit? Brauch eis Gesellschaft iwwerhaapt nach Traditionen? Firwat si se eigentlech gutt? Mir hunn dach esou viles, mat deem mer eigentlech eis Fräizäit kënnen verbréngen, mat deem mer eis kënnen beschäftegen, oflenken an ameséieren. Firwat soll een do nach op d'Praxis vun engem immaterielle Patrimoine mussen zrëckgräifen?

Léif alleguer, lieweg Traditione maachen déi kulturell Egenaart an Diversitéit vun engem Land aus. Si liewen an iwwerliewen awer nëmmen, wa si konkreet a korrekt praktizéiert ginn. Net fir näischt huet d'Unesco 2003 déi international Konventioun iwwert de Schutz vum immaterielle Patrimoine ugehall. An deem Kader gouf 2010 déi Iechternacher Sprangprëssessioun op d'Representativ Léicht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet gesat. D'Unesco schätzt domat de Wäert vun dësem Ereegnes, dat iwwer Joerhonnerte vu Generatioun zu Generatioun weidergedroe gouf bis op den haitegen Dag.

Baudenkmalen loosse sech mat Suen an handwierklecher Kompetenz erhalen. Woubäi mer mat der Konscht vum Dréchemauerbauen oder der Kallekbotz schonns bei de Fangerfäerdegkeete vum immaterielle Kulturierwe wieren. Esou lieweg Traditionen iwwerliewen awer dogéint nëmmen, wa se an eise Gedichtnes, an eiser Mentalitéit an an eise Reflexer ageschriwwen sinn, wa se mat Härz a Verantwortung praktizéiert ginn. Geld aleng geet net duer, fir datt Traditionen iwwerliewe kënnen. Dofir brauch een e feste Wëllen, en Knowhow a Begeescherung. An et brauch Träger, déi bereet sinn, dës Traditionen un déi Jonk weiderzeginn, dës Traditionen ze iwwerliewen.

Traditione maachen dat kulturellt Selbstverständnes vun engem Vollek aus. Grad duerch den immaterielle

Patrimoine léisst sech der Unesco no déi kulturell Egenaart vun engem Land a senge Leit besser verstoen. Wéi wéilt mer d'Mënschen aus anere Länner an eis Gesellschaft integréieren, hätte mer selwer keng Egenaarten, déi eis auszeichnen a stäerken, déi mir esou houfreg sinn, mat aneren ze deelen, a wou ee frou ass, kënnen drun deelzehuelen?

Sou huet sech eis eege Kultur am Laf vun de Joerhonnerten duerch den Afloss vun anere Kulturen entwéckelt. Dacks komme mer aus frieme Länner heem a mir si begeeschtert vu Gebräicher, déi mer do kennegeléiert hunn an déi deene Mënschen hir Kultur ausmaachen. Et ass grad déi geliefte Kultur, des immateriell Ierfschaft, déi Friemer unzitt, jo, staune losse kann. Wéi solle mer frieme Mënsche weisen, wie mir sinn a wéi mir fillen, wa mer hinnen dat net och iwwer eis Gebräicher an Traditiounen, Praktiken an esou weider vermëttelen a si och dorunner deelhuele loosse?

Hätte mer dëst net oder wéilt mer se net liewen a matdeelen, wiere mer sécherlech net déi, déi mer sinn. Mir wieren iergendee Staat op der Landkaart ouni attraktiv kulturell Eegestännegkeet. Mir wiere just e klengen Territoire matzen a Westeuropa mat ville Banken a Verwaltungen, mat Autobunnen an Tankstellen. E Land ouni Identitéit a Kontinuitéit, ouni Kreativitéit an Diversitéit, ouni Zesummenhalt an nohalteger Entwécklung.

Léif alleguer, net fir näischt ass vun der Unesco d'Sprooch als éischte Vektor vun Kulturierwen opgefouert. Ouni Sprooch leeft keng Traditioun a kee Gebrauch. Och heiheem sinn des enk mat eiser Heemechtsprooch verbonden. Et ass eis Sprooch, déi de Charakter vun den Traditiounen ausmécht. D'Sprooch gëtt der Traditioun souzesoen hir Patine, hir Eegenart, jo, hir Eenzegeartegkeet.

Iwwert d'Sprooch eraus hëlleft den immaterielle Patrimoine, de gesellschaftlechen Zesummenhalt ze fërderen. Dat verlaangt awer, datt mer doriwwer an der Schoul schwätzen. D'Kanner an déi Jugendlech mussen de Sënn an den Ursprung vun enger Traditioun novollzéie kënnen. Mécht eng Traditioun kee Sënn méi, mobiliséiert se kaum nach Leit a si riskéiert, dem Ënnergang geweit ze sinn. Mécht eng Traditioun Sënn, mee gëtt awer nach kaum gelieft, riskéiert se och, zu Gronn ze goen.

E Schoulmeeschter huet mer eemol gesot, datt hie mat de Kanner d'Traditioun vum Buergebrennen an hire geschichtleche Kontext setzt an hinnen erkläert, wéi sech dëse Brauch am Laf vun de Joerhonnerten entwéckelt huet. D'Buergebrennen ass eng klassesch Traditioun, déi et och bei eisen Nopere gëtt an déi dëst Joer am Kader vun Esch2022 eng besonnesch Plaz krut. D'Buergebrenne geet op déi galleesch Zäit zrëck. Do, wou eng Buergebrannt gëtt, fënnt een och Gesellegeket, do fënnt d'Duerfgemeinschaft, sou wéi mer se fréier kannt hunn, fir e puer Stonnen zesumme ronderëm en Ierbessbulli an e séffge Patt. Genauso wéi bei den traditionelle Kënnbakesteeën am Éislek, zum Beispill zu Boukels bei Géisdref oder zu Houfult an der Gemeng Wëntger.

Do wiere mer dann nees bei Stéchwierder wéi „Zesummenhalt“ an „Duerfgemeinschaft“. A bei engem aneren, och aktuelle Stéchwuert, nämlech deem vun der „Resilienz“: Liewegt Kulturierwen erlaabt et, an engem Land, an enger Gesellschaft net eleng besser ze liewen, mee, wann et drop ukënnt, ze iwwerliewen. Denke mer un déi éischt Sprangpréssessioun nom Krich, no jore vum Verbuert duerch d'Nazien, wéi jonk an Al, Leit vun heiheem a Friemer, déi villes, wat schrecklech war, erlieft haten an duerno vill Leed nach haten, trotzdem mat vill Freed duerch

d'Sauer- an Abteistad Iechternach gespronge sinn. Duerch eng Stad Iechternach, an där op ville Plaze bal kee Stee méi op deem anere louch. Eng Stad, gezechent vu Ruinen a Krichsverwüstungen, wéi een nom Éischte Weltkrich ni méi geduecht hat, der missen an Europa ze gesinn.

Léif alleguer, ouni eis Historiker, Linguisten an aner Spezialiste wier vill Wëssen iwwer eis Kulturierfschaft verluer gaang. An dësem Kontext freet ee sech, ob et net géif Sënn maachen, fir och op eiser Uni d'Fuerschung iwwer den Ursprung an d'Entwécklung vun eisen Traditiounen a Gebräicher an hir fundamental Bedeutung fir eis Gesellschaft vun haut hei zu Lëtzebuerg verstärkt ze verdéiwen. Och sollt d'Uni weider de Lien mat den Träger intensiv sichen a fleegen. Am Kader vun de Geschichtscoursé léisst sech eist liewegt Kulturierwe belichten a kontextualiséieren. Hei ass sécherlech nach en Hoff méiglech, och beim Léiere vu Lëtzeburger Lidder an eiser Primärschoul.

Heiansdo staunen ech, wa Kanner beim Fäkelzuch dacks méi séier a mat méi Begeeschterung sange wéi munch Erwuessener, vläicht well si an der Schoul den Text geléiert hunn an auswenneg wëssen. Dat ass och grad de Meritt vun etleche Léierpersounen an Elteren. Hinne gëllt eis Unerkennung an eisen Dank, souwéi all deenen, déi eis Traditiounen a Gebräicher liewe loosse an duerch hir Schrëften dokumentéieren a belichten, fir se der Nowelt ze erhalen.

D'Pandemie, dat muss ee soen, war och eng Zäsur an der Praxis vun eisem liewege Kulturierwen. Während zwee Joer si verschidde Gebräicher an Traditiounen net méi esou intensiv oder guer net méi gelieft ginn. D'Viruskris huet déi sozial Kontakter ageschränkt a fir eng Ënnerbriechung gesuergt. Dës huet deelweis och dozou gefouert, datt den immaterielle Patrimoine plazeweis eeben net méi sou gelieft gëtt wéi fréier. Deen typeschste Fall dierft wuel dee vum Klibbere sinn. Op eenzelnen Dierfer geet quasi kee Kand méi klibberen.

Aus all deenen Iwwerleeungen eraus wollt ech folgend Froen opwerfen:

Wéi kënnen mer grad an Zukunft eis verschidden Traditiounen a Ritualer schützen a se lieweg halen? Wat fir Weeër a Mëttel gëtt et schonn haut an deem Beräich? A wéi kënnen mer besonnesch déi jonk derfir sensibiliséieren, fir sech der Fleeg vum immaterielle Patrimoine unzehuelen?

Wat muss geschéien, fir de Wëssensstand vun enger méi breeder Bevëlkerung an deem Beräich ze vergrësseren? Wat fir Akzenter goufen also do scho gesat?

Wéi gesäit de Moment d'Zesummenaarbecht tëscht dem Kulturministère an dem Schoulministère an dësem Zesummenhang aus? Wou si mer mat den Dokumentatiounen an dem Filmmaterial drun? A wat fir engem Mooss ass d'Kooperatioun mat der Uni Lëtzebuerg an deene leschte Jore verstärkt ginn? Wéi gesäit et also mat der Fuerschung an dësem Beräich aus? Wuel wëssend, datt, wann d'Spezialisten aus der eelerer Generatioun, déi sech dacks fräiwëlleg a gratis ëm d'Wëssen iwwert dat immateriell Ierwe gekëmmert hunn, dësere Aufgab aus Altersgrënn net méi nokomme kënnen, da vill mëndlecht, tradéiert Wësse verschwënnt.

Wat fir pedagogesch Projete sinn déi lescht Jore ronderëm d'Promotioun vun eisem immaterielle Patrimoine an eise Grondschoulen, an eise Lycéeën entwéckelt an op d'Shinne gesat ginn? A wat fir engene Disziplinnen a Branché gëtt dës Promotioun besonnesch gefërdert? An a wat fir engem Mooss kann d'Léiere vun der Lëtzeburger Sprooch, mat hiren Haus-, Stroossen- a Flournimm, dozou bäidroen,

eisen immaterielle Patrimoine besonnesch deene Mënschen nozebréngen, déi aus anere Kulture bei eis kommen an déi dacks vill méi un eisem immaterielle Patrimoine interesséiert sinn, wéi mir ugeholl haten, wéi mir gemeengt hunn?

An da wollt ech zum Schluss nach froen, ob een net awer sollt driwwer nodenken, eng Ulafstell an d'Liewen ze ruffen, déi sech spezifesch mat dem kulturellen Ierwen ofgëtt, dat eeben immaterielle Charakter huet, an dësere Stell dann och déi Mëttel ze ginn, déi se brauch, fir ënner beschte Konditiounen hir Aarbecht ze verrichten. Wéi gesitt Dir also d'Roll an d'Plaz vun esou engem Institut an eiser Gesellschaft? Wéi kann een dat aktuellt IKI also och personell a finanziell stäerken, ouni et onnéideg opzeblosen? Dat gëtt jo och guer net gefrot an dat wëll och keen.

Zum Schluss wollt ech mech un d'Präsidentekonferenz vun der Chamber richten. Ech wollt hir Merci soen, datt si dës Interpellatioun op den Dag vun der Unesco-geschützter Iechternacher Sprangpréssessioun gesat huet. Dat war wierklech ganz passend, ech géif bal soen, eng weis Entscheedung, wann et da keen Zoufall sollt gewiescht sinn!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Bauler.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Georges Mischo agedroen. Här Mischo, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Georges Mischo (CSV) |** Här President, Dir Dammen, Dir Hären, dat kulturellt Liewe stoung zënter zwee Joer bal stëll. D'Covid-19-Kris huet déi sozial Kohäsioun nawell richtig op d'Prouf gestallt. Och dat immateriell Kulturiewen huet dorënner ferm gelidde.

Wéi scho lo grad vu mengem Virriedner erwänt, bezeechent een als immateriell Kulturierwe keng histo-resch Baute wéi Palaisen, Schlässer, Kathedralen oder fréier Industriesitten. Nee, et ass eebe grad kee Patrimoine, deen a Stee gemeesselt ass.

Historesch Gebaier gi schonn zanter Laangem ënner Schutz gestallt, well se wichteg Zeie vun eiser Vergaangenheet sinn an dofir sollen erhalen ginn. Well wann ee mech oder Iech freet, wat typesch fir eist Land ass, wat eis prägt, woumat mer eis identifizéieren, da géif wuel keen als Alleréisch d'Gëlle Fra oder d'Kathedral soen. Et ass een do vill éischter bei immateriellen Traditiounen, gewonnechten oder Gebräicher. Et si Praktiken, Spektakelen, net am Sënn vu Kaméidi, mee am franséische Sënn vu Spectacle, Expressiounen, Wëssen, awer och Savoir-fairen, déi zum kulturelle Patrimoine vu Communautéiten, Länner a Gruppe gehéieren, déi vu Generatioun zu Generatioun weidgeri ginn an déi dës Gruppen eng gewëssen Identitéit an och eng gewësse Kontinuitéit vermëttelen. Heizou gehéiere Sproochen, Museksformen, Theater, sozial a rituell Praktike souwéi d'Fäerdegkeet vu verschiddene lokal gebonnen Handwierken.

Um internationale Plang ass dat zum Beispill d'Kultur an d'Traditioun vun de Saunagänger a Finnland, den Tangodanz an Argentinien oder déi ganz markant Reggae Music an Jamaika.

Nach leschte Mëttwoch konnt een zu Dendermonde an der Belsch en immaterielle Brauch materielwen: Do gëtt et eng Parad vun engem hélzene Krichspäerd mam Numm Ros Beiaard, wat duerch d'Stroossen zitt an zanter 2008 zu dem immaterielle Kulturierwe vun der Unesco gehéiert.



All Land a Region huet also säin eegent immateriell Kulturliwen, dorënner och dat klenkt Lëtzebuerg, an dat net ze mann! Grad haut war zu Iechternach, wéi schonn erwänt, déi traditionell Sprangpréssessioun, wou eng ganz Rei Deputéiert mat derbäi waren, an net nëmme vun der CSV – ee Joer virun de Walen, wat en Zoufall!

**Une voix | Très bien!**

**M. Georges Mischo (CSV)** | En exemplarescht Beispill vun eiser immaterieller Kulturierfschaft.

An dann hu mer och nach eis Éimaichen, d'Muttergottesoktav oder och d'Schueberfouer mat hirem Hämmelsmarsch. Dat immateriell Kulturierwen ass e liewegt Kulturierwen, well et eis e Gefill vun Identitéit a Kontinuitéit vermëttelt. Wichteg ass och, datt dat immateriell Kulturierwen net op d'Käschte vu kommende Generatiounen geet, mee am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung gelieft gëtt.

D'Definitiou vun deem immaterielle Kulturierwe gouf viru bal 20 Joer an enger Konventioun vum 17. Oktober 2003 festgehalen, déi vun der Generalkonferenz vun der Unesco zu Paräis vun enger enormer Majoritéit ugeholl ginn ass. D'Unesco selwer gëtt sech eng Rei Instrumenter, fir op internationalem Plang anzegraifen. Si mécht selwer d'Promotioun vu Programmer a Projeten, déi d'Philosophie vun der Konventioun erëmispigelen, a këmmert sech heibäi besonnesch ëm d'Entwécklungslänner, aus verständleche Grënn an Ursaachen.

Si bitt dann och do international Assistenz a Form vun Expertisen, Formatioun, Elaboratioun vun Normen a schliisslech souguer Ekipementen un, wou et néideg ass. Ech wëll dës Méiglechkeete besonnesch ervirstreichen, well wa mer vum immaterielle Kulturgut vu verschiddenen ethnischen Gruppen a besonnesche Minoritéiten schwätzen, da schénkt et kloer, dass dës Gruppe vläicht net ëmmer esou vun deene Länner, zu deene si gehéieren, ënnerstëtzt ginn.

Ech wëll dofir hei och nach eng Kéier drun erënneren, wat eng vun den Ursaache war, firwat eng Unesco-Konventioun iwwert d'Erhale vum immaterielle Kulturierwen an d'Liewe geruff ginn ass. E wichtege Grond fir d'Schafung vun der Unesco-Konventioun ass, dass déi historesch europäesch Groussbauten zu enger geografescher Dominanz vun Europa geféiert hunn. Afrikanesch an asiatesch Länner op där anerer Säit kënnen mat dëser Mass u kulturelle Bauten net am selwechte Mooss mathalen. Also ass et eng Fro vu Gerechtegkeet géigeniwwer neteuropäesche Länner, datt eeben och immateriell Kulturierwen zum Weltkulturierwe kënnen ginn.

Den immaterielle Patrimoine ass also eng logesch Ergänzung vun de sougenannte Welterbestätten. D'Konventioun ass hei am Land duerch d'Gesetz vum 23. Dezember 2005 rechtskräfig ginn. Zanterhier huet Lëtzebuerg zwou Aschreiwungen op d'Lëscht vum immaterielle Kulturierwe kritt: D'Sprangpréssessioun 2010, an 2020 dunn och zesumme mat Frankräich, der Belsch an Italien d'Traditioun vum Haupeschbléiser. Déi musikalesch Konscht, dat franséisch Juegdhar ze blösen, ass an eise Géigenden zu enger lieweger Traditioun ginn.

Nodeems am Abrëll dës Joer schonn den Natur- a Geopark Mëllerdall offiziell an de „Global Geoparks“ vun der Unesco opgeholl goufen, participéiert Lëtzebuerg, zesumme mat dräi anere Länner, fir weider immateriell Kulturierfschaften op d'Lëscht vun der Unesco ze setzen: Dat ass dann engersäits d'Wanderschéiferei, also déi saisonal Wanderung vun de Schof, wou mer vun néng anere Länner matënnerstëtzt ginn, dann d'Wëssensschätz a Gebräicher, fir d'Waasser

vu Flëss op d'Wisen ze kréien. Déi traditionell Bewässerung gëtt der Unesco vu Lëtzebuerg der Belsch, Däitschland, Italien, Holland, Éisträich an der Schwäiz als immaterielle Kulturpatrimoine vun der Mënscheit proposéiert.

Mat Hëllef vun der Schwéierkraaft gëtt d'Akerland nach haut mat der Hëllef vun dëser honnertjäreger Kulturtechnik bewässert. Dës erfuerdert e grëndlecht Wësse vum Buedem, dem Waasserfloss an de Wiederkonditiounen a gëtt vu Generatioun zu Generatioun weiderginn.

Aacht Länner vu véier Kontinenter hunn dann och d'Hiewanskonscht, also d'Konscht vun der Gebuertenhëllef, als immateriell Kulturierwe vun der Mënscheit nominéiert. Lëtzebuerg bedeelegt sech un dëser Nominatioun, zesumme mat Däitschland, Kirgistan, Kolumbien, Nigeria, Slowenien, Togo an Zypern.

Hiewane begleeden zukünfteg Mamm vum Ufank vun der Schwangerschaft iwwert d'Gebuert eraus a beroden an ënnerstëtzen d'Familljen am Iwwergang an déi nei Phas vum Liewen. Si benotze beweisbaséiert Fuerschung an d'Intuitioun, souwéi en empiresch an traditionellt Wëssen.

D'CSV steet hannernt dësen Traditiounen a Gebräicher an ënnerstëtzt weiderhin all Effort, fir dës och ze erhalen. Eng Aschreiwung an den nationalen Inventar oder op d'Lëscht vun der Unesco hëllef enger Communautéit och, hir Eegeschafte ze konservéieren, andeem se zu Respekt, Unerkennung a Wertschätzung bäidroen. Besonnesch d'Bewosstsi fir dës Wäerter vun eiser immaterieller Kulturierfschaft gëtt esou gefuerdert.

Et geet awer net aleng duer, dës Zort vu Patrimoine op Lëscht anzeschreiwen. D'Responsabilitéit, fir dës Patrimoine ze erhalen, läit net bei der Unesco, mee ganz aleng bei de Länner. An et soll een eeben ëmmer am Hannerkapp hunn, datt esou munch Traditioun oder Ritual schonn zanter Laangem ausgestuerwen ass. Dat, wat mer also elo nach hunn, elo nach liewen, muss erhale bleiwen. Materiell Kulturierfschaften wéi Bauwierker kann ee mat Suen erhalen. Dat immateriell Ierwe muss an de Käpp an an den Häerzer weiderbestoen. An dat léisst sech weeder staatlech ordonnéieren nach iwwer en Denkmalschutzprogramm organiséieren.

Ouni déi Leit, déi déi Traditiounen liewen, geet et net. Ouni déi gesellschaftlech Valorisation fir déi, déi Traditiounen héichhalen, verschwannen déi ëmmer méi. Wéi schonn am Ufank vu menger Ried gesot, huet d'Pandemie viles op d'Prouf gestallt, dorënner déi kulturell Rencontren. D'Leit aus dem Kulturberäich hu sech awer kreativ viles afale gelooss, fir och während de Joren 2020 an 2021 verschidden Evenementer a Manifestatiounen deelweis ze organiséieren. Hei ass d'Digitalisatioun e wichtege Hiewel. Veranstaltungen konnten digital a virtuell stattfannen, fir dass dat villfältegt Kulturliwen zu Lëtzebuerg och an dësen onrouegen Zäite kéint weiderliewen a gedeelt ginn.

De Besoin, an digitalen Accès zur Kultur ze hunn, huet sech besonnesch während der Pandemie gewisen. Mat der Fermeture vu Muséeën, Lockdowns an Ofstandsreegele gewënnt dat Digitalt an dat Virtuell u Relevanz fir dee ganze Kultursecteur. Digital Technologien hëllef eis, vun iwwerall aus um kulturelle Liewen ze participéieren, egal vu wéi engem Standuert. Dat huet d'Pandemie erfollegräich gewisen. Mee hei schwätzen ech dann éischter vun der materieller Kultur.

Et gëtt awer nach en zweeten immens wichtege Aspekt: D'digital Tools bidde sech och op dës speziell Manéier als Zougang zum immaterielle kulturelle Patrimoine un, dee per se participativ ass a vum Deelen a Matgestalte leeft. Duerch d'Digitaliséierung kënnen

mer also Immaterielles och materialiséieren. Well de Risiko besteet nun eemol, datt eis immateriell Kulturierwen deels oder mat der Zäit ganz verschwanne kënnen, wa mer keen Effort maachen, fir dat weiderzeginn. Dofir mussen mer also weiderhi verstärkt d'Approche vun der digitaler Erhaltung vun immateriellem Kulturierwen an de Fokus stellen.

Déi nei digital Medie spillen heibäi eng kruzial Roll a müssen dofir nach méi opgegraff ginn. Schonn zanter e puer Joer gi Medie wéi Film, Foto an Tounopname genotzt, fir immateriell Aspekter festzehalen an engem breede Public ze vermëttelen. An den Archive vum Centre national de l'audiovisuel zu Diddeleng gëtt ee ganz séier a ganz gutt fündeg. Mee natierlech kann dat Digitalt ni en Ersatz fir tëschemënschlech Begéinungen op enger Schueberfouer oder Eemaichen sinn, mee si erlaben eis et, Traditionen kennenzéieren, ze erliewen an ze erhalen, quasi ze konservéieren.

360-Grad-Dokumentatiounen oder d'Erliefnis mat Virtual-Reality-Brëller kënnen d'Leit zum Beispill op eng Sprangpréssessioun versetzen, si kënnen mam Schéifer d'Schof op d'Wisen dreien oder méi wäit op e sougenannte „Mousser“ erakucken, enger Zort Foire fir kulturell, ekonomesch oder sozial Echange vun engem Beduinestamm a Südmarokko.

De Musée Bad Dürreim am Schwarzwald huet de Visiteuren déi traditionell däitsch „Fastnachtsbräuche“ duerch 360-Grad-Filmpnamen realistesch méi no bruecht. D'Leit hunn esou d'Gefill, mattendran an de Festivitéiten ze sinn. D'Fastnacht an de Karneval sinn zanter 2014 vun der Däitscher Unesco-Kommissioun am nationalen Inventar opgeléicht.

Dës ass just eent vu ville Beispiller, wou sech bis dato analog Muséeën déi noutwendeg digital Moyene ginn, fir eng performant Wierklechkeet vun enger immaterieller Traditioun oder engem Gebrauch festzehalen an engem nationalen an internationale Public ze vermëttelen.

Am Géigesaz zu den traditionellen ethnologesche Filmpnamen, déi d'Muséeën ubidden a wou just bestëmmte Facetten a Bléckwénkele vun engem Spektakel oder Brauch festgehalen ginn, erméiglechen nei digital Formen, wéi d'VR-Brëller oder 3- a 4D-Projektatiounen an engem Planetarium, vill méi verschidde Perspektiven an divers Andréck. De Visiteur ass eeben net nëmme vill méi participativ derbäi, mee e ka säi Bléckwénkel selwer bestëmmen. Hie kann de Bléck vum Haaptevent ofwenden, sech ëmderéien a vläicht eppes Marginales, wat um Rand vum Festoffel geschitt, observéieren. An dat Wichtegst: Et entwéckelt een Emotiounen, an esou baut sech eng perséinlech Bindung op an e Souvenir, deen een nach laang Zäit mat sech dréit.

A genau dat ass jo à l'origine d'Zil vun der Unesco-Konventioun: den immaterielle kulturelle Patrimoine ze erhalen an ze schützen. D'Digitalisatioun an déi sozial Medie spillen dofir eng immens wichtege Roll, a mir sollten de Kulturhaiser do déi finanziell Mëttele ginn, fir déi divers Toolen och genuch auszeschöpfen.

Eis lëtzebuergesch Traditiounen a Gebräicher, wéi eis Sprooch, Léiffräwëschdag, d'Schueberfouer, de Wäibau an d'Konscht vum Dréchemauerbaue sinn e Marker vun eiser Identitéit, déi de kulturelle Räichtum an d'Diversitéit vun eisem Land ënnerstreichen, e Vektor vun der Kohäsion an en Hiewel vun der wirtschaftlecher an touristescher Entwécklung.

Mee et ass en extreem fragile Patrimoine, well en eeben op mënschlechen Interaktiounen baséiert. E ka ganz schnell verschwanne, wann näischt gemaach gëtt, fir d'Traditiounen ze erhalen oder d'Iwwerdroung ze garantéieren.

Fir den immaterielle kulturelle Patrimoine ze schützen, ass, niewent dem nationalen Inventar, den éischte Schrëtt d'Sensibiliséierung: De Leit hëllefen ze verstoen, firwat dëse Patrimoine wichteg ass. Fir lieweg ze bleiwen, muss eng Kulturierschaft fir hir Gemeinschaft relevant sinn, stänneg nei erstallt a vun enger Generatioun op déi aner iwwerdroe ginn, well et besteet ëmmer de Risiko, datt e puer Elementer vum immaterielle Patrimoine wéinst Mangel un Ënnerstëtzung stierwen oder verschwannen, mee et mierkt een awer, datt sech d'Lëtzebuurger an de leschte Joren ëmmer méi Gedanken a Suergen ëm d'Erhale vun hirem Patrimoine maachen.

Ee Grond ass eeben, datt dat immateriell Kulturierwen de Leit e Gefill vun Identitéit a Kontinuitéit gëtt. Et erméiglecht eis, eis Vergaangenheet ze verstoen, wie mir sinn a wie mir waren. Et ass eng Bréck tëscht der Vergaangenheet an der Zukunft. A grad dat ass d'Funktioen vum immaterielle Kulturierwen, an deem jiddere seng lieweg Kulturierschaft mat anere Leit deelt – mat deene Leit, déi schonns zënter Generatiounen zu Lëtzebuerg liewen, an deenen, déi nei bäigezu sinn, oder deenen, déi nëmme kuerzfristeg hei am Land sinn, Grouss a Kleng, Jonk oder Al.

Grad elo, no zwee Joer Pandemie, zwee Joer vu Verloscht, Ängshten an Exklusioen, ass et wichteg, datt mir erëm beienekommen. Eis immateriell Traditiounen a Bräicher stellen en eenzegaarteg Mëttel duer, fir d'Mënschen ënnerenander méi nozebréngen, ze verbannen an engem géigesäitegen Austausch a Versteedemeech. Dofir ass et elementar wichteg, dass mer eis all fir eist immateriell Kulturierwen asetzen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Mischo. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Lydia Mutsch (LSAP) |** Spéitstens zënter dem kierzlech gestëmte Patrimoine-Gesetz, Här Präsident, ...

Geet et elo?

**Plusieurs voix | Jo.**

**Mme Lydia Mutsch (LSAP) |** Also spéitstens zënter dem kierzlech gestëmte Patrimoine-Gesetz, Här Präsident, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wësse mir, dass de kulturelle Patrimoine vun eise Land sech net op Monumenter, Kollektiounen an architektoneschen Baute beschränkt, mee och en immateriellen Deel ëmfaasst. En Deel, ouni deen eist Land net dat wier, wat et haut ass.

Den immaterielle Patrimoine ka ganz ënnerschiddlech Formen un huelen – si sinn hei vu menge Virriedner schon opgezielt ginn –: Sief et Gebräicher, Opféierungen, Ausdröckweisen, Uluechten oder Wëssensschätz, Fangerfäerdegkeeten, déi d'Gesellschaft als Deel vun hirem kulturellen Ierwe wouerhëlt.

Wat awer all Forme vum immaterielle Patrimoine verbennt: Si schenken eis e Gefill vun Zesummegehéiergkeet an och e Gefill vu Bestännegkeet.

Historesch betruecht ass den immaterielle Patrimoine dee fragillsten Deel vum Patrimoine. D'Unesco huet scho méi wéi eng Kéier drop higewisen, dass – vrun allem bedéngt duerch d'Mondialisatioun – d'Erhale vum immaterielle Patrimoine iwwerall op der Welt zur Erausforderung gëtt. Dobäi ass et grad den immaterielle Patrimoine, deen zur kultureller Diversitéit an eiser Gesellschaft bäidréit. Dëst gëllt ganz besonnesch fir Traditiounen a fir Bräich, deenen hiren Ursprung aus verschiddene Communautéiten kënnt an doduerch den interkulturellen Echange stimuléiert.

D'Techternacher Sprangpréssessioun, haut ganz aktuell op den Dag, gouf de 16. November 2010 vun der Unesco op déi representativ Lëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënscheit gesat. D'Sprangpréssessioun ass sécherlech eng vun de bekanntste Komponente vum eise immaterielle Patrimoine. Mir wëssen all, dass se 2020 an 2021, opgrond vun der Pandemie, net stattfanne konnt. An trotzdeem, obwuel déi Traditioun déi lescht zwee Joer net konnt stattfannen, hu ganz vill Leit op hir Aart a Weis den Hellege Willibrord gewierdegt. Doriwwer gouf jo och e Reportage gemaach, e Film gedréit, deen zum 10. Anniversaire vun der Inscriptioun vun der Sprangpréssessioun op déi representativ Lëscht vun der Unesco virgestallt gi war an deen e grouss Succès war. An dëst Beispill weist, wéi fest eisen immaterielle Patrimoine an eiser Populatioun verankert ass.

Wichteg ass allerdéngs ze betounen, dass den immaterielle Patrimoine, anescht wéi vill vun eis vläicht spontan geduecht hätten, net nëmme aus gewuesenen Traditiounen besteet, mee och aus zäitgenessege Gewunnechten, aus dem ruralen oder och aus dem urbane Raum.

Dat immateriell Kulturierwe kuckt also net nëmme op eis Vergaangenheet zrëck, mee et bléckt och no vir. An anere Wieder: Dat immateriell Kulturierwen ass iwwerall op der Welt an enger permanenter Evolutioun a bleift dofir och net an der Zäit stoen an dierf och net an der Zäit stoe bleiwen.

Zanter 2017 gëtt bei eis den nationalen Inventaire vum immaterielle Patrimoine kontinuierlech à jour gesat. Als LSAP begrësse mer dës Beméiungen ausdrécklech. Déi wëssenschaftlech Approche vun där Aarbecht erlaabt eng Identifikatioun an eng Dokumentatioun vun de verschiddensten Elementer vum immaterielle Patrimoine. 2020 sinn de Léiffräwëschdag – ech hat och fir d'Éischt geduecht, et wier „-wëschdag“, mee et ass awer „-wëschdag“, ech weess och wat et ass – an d'Lëtzebuurger Vollekssdanz als Elementer offiziell an den nationalen Inventaire opgeholl ginn. En Inventaire, deen net manner wéi 13 Elementer zielt, dorënner och d'Konscht vun der Gebuertshëllef.

De 17. Dezember 2020 gouf och déi musikalesch Konscht vun den Haupeschbléiser an enger multinationaler Kandidatur vu Frankräich, der Belsch, Italien an eise Land, also Lëtzebuerg, op déi representativ Lëscht opgeholl. Et ass déi éischte Kéier, dass Lëtzebuerg zesumme mat anere Länner en multinational Kandidat bei der Unesco gestallt huet. Dat beweist och, dass kulturell Traditiounen och op verschiddene geografesch Plaze gelieft kënne ginn.

Här Präsident, fir d'LSAP ass bei deem ganze Prozess de participative Charakter ganz besonnesch wichteg. Et wier an eisen Aen ondenkbar, dass an enger fräier demokratescher Gesellschaft, wéi mir eng sinn, vun uewen erof géif diktéiert an decidéiert ginn, wat zum immaterielle Kulturierwe gehéiert a wat net.

Mam Patrimoine-Gesetz vum 25. Februar dëst Joer an dem Règlement grand-ducal vum 9. Mäerz gëtt et eng kloer an transparent legal Grondlag, wéi een eng Demande maache kann, fir e Kulturierwen als neit Element op den nationalen Inventaire kënne setzen ze looszen.

Och d'Lëtzebuurger Sprooch kann dozou bäidroen, eist immateriell Kulturierwe weiderzeginn. Dëst gëllt virun allem bei de mëndlechen Iwwerliwwerungen an Ausdröckweisen, wéi beispillsweis den Haus- a Fouernimm. Och hei sinn ech net dat Éischt, wat haut dovunnerschwätzt. Mee et ass awer besonnesch wichteg, well Haus- a Fouernimm si gebonnen un de Raum an existéieren ëmmer als Referenz op eng bestëmmt Plaz. Si ginn Ablécker, wéi dëse Raum vun de Leit erlieft ginn ass an ëmmer nach gëtt, sief et sproochlech oder

wirtschaftlech, ekologesch, gesondheetlech oder sozial. Sichenhaff, Kräizgrënnchen oder Krouneberg sinn e puer sou Beispiller, wou markant Evenementer oder geografesch Gegebenheeten enger bestëmmter Plaz hiren Numm ginn hunn, dee se och haut nach hunn.

Dës Haus- a Fouernimm si besonnesch fir déi Leit interessant, déi der Lëtzebuurger Sprooch mächtig sinn, soss ass et heiansdo e bësse schwéier, well se nach Wieder a sech droen, déi mir scho laang net méi benotzen an déi deelweis och an hirer Bedeitung guer net méi esou richteg bekannt sinn.

Den Här Sam Mersch, de Chercheur, deen haut schonn zu Éiere komm ass, och an der Interventioun vum Här Bauler, am Beräich ... Also deen ass grad Chercheur an deem dote Beräich an och an der Lëtzebuurger Sproochgeschicht op der Uni Lëtzebuerg, an hien huet et dem Grand public während dem Pandemiejoer 2020 am Kader vum Digital-IKI-Projekt erméiglecht, um immaterielle Kulturierwe virtuell deelzuehelen. De Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History C<sup>2</sup>DH, e Centre de recherche och vun der Uni Lëtzebuerg, beschäftegt sech intensiv mat der Analys, der Recherche an och dem Weiderleeden un de Grand public vu gesécherterem Wësse ronderëm eis Geschicht a ronderëm eise Patrimoine.

D'lescht Joer huet de C<sup>2</sup>DH iwwer 280 Publikatiounen – dat muss ee sech emol virstellen! – gemaach an un net manner wéi 47 Projeten an der Recherche geschafft. Bravo dofir! Och vu menger Säit aus.

D'Aarbechte gi weider: Fir dem Public eis Lëtzebuurger an europäesch Geschicht a Kultur op eng pedagogesch Manéier méi no ze bréngen, gouf zum Beispill virun e puer Wochen déi virtuell Ausstellung „Minett Stories“ offiziell lancéiert. Mat Comic-Romaner, interaktive Kaarten, Documentairen, Videoe gi Geschichte ronderëm d'Liewe vun den einfache Leit erzielt, déi am Süde vum Land an der Stolindustrie geschafft hunn.

Als LSAP gesi mir et als essenziell un, dass déi wäertvoll wëssenschaftlech Aarbecht, déi zu Lëtzebuerg geleescht gëtt, net an engem Tirang leie bleift, dee just e puer Auserwielte kéinten opmaachen. D'Wëssen an d'Erkenntnisser ronderëm eist Kulturierwen, besonnesch eist immateriell Kulturierwen, muss der Allgemengheet zougängeg gemaach ginn an op eng pedagogesch Aart a Weis vermëttelt ginn.

Dat ass jo esou, wéi et hei zu Lëtzebuerg gehandhaabt gëtt. Et sinn enorm Efforte bei eis geschitt. Dat fanne mir gutt esou a mir wëllen, dass dat esou weidergeet.

Kolleeginnen a Kolleegen, d'Vermëttlung vun eise Kulturierwe geet all Generatiounen eppes un. Dofir ass et an eisen Aen onverzichtbar, dass och an der Schoul de Schülerinnen an Schüler eist Kulturierwen nobruecht gëtt. Aus deem Grond begrësse mir, dass dës Woch déi zweet Editioun vu „Lëtzebuerg (er)liewen“ an de Schoule stattfënt. D'Zil ass, dass all déi interesséiert Jugendlech d'Méiglechkeet kréien, bei Aktivitéiten a Projete ronderëm d'Lëtzebuurger Welt vun der Musek, dem Theater, der Literatur, den Traditiounen an aneren Aspekter vun eise Patrimoine matzemaachen.

De SCRIPT huet pedagogesch Outilen ausgeschafft, op déi eist Léierpersonal zrëckgräife kann. An esou kënne Schouklasse ënner anerem Lëtzebuurger Lidder entdecken oder Kënschtler begéinen, wat, fanne ech, och eng ganz flott Iddi ass.

An dësem Kader komme souwuel de materiell wéi och den immaterielle Patrimoine zur Sprooch. An dee Programm ass an eisen Aen och dofir ganz wichteg, well mir hei zu Lëtzebuerg eng ganz grouss Diversitéit



bei de Schülerinnen a Schüler an eise Schoulen hunn. An och wa Lëtzebuerg à l'origine net onbedéngt d'Heemecht vun alle Jonken ass, déi hei zu Lëtzebuerg an der Schoul sinn, esou ka Kulturvermittlung an de Schoulen awer mat derzou bäidroen, dass eist Land alle Jonken eng Heemecht kann ubidden.

Ech wëll awer net ofschléissen, Här President, ouni dem André Bauler e ganz grouse Merci ze soen, dass hien eis duerch dës Interpellatioun gefouert huet an domat och d'Geleeënheet ginn huet, fir zu deem wichtege Sujet ze intervenéieren.

E grouse Merci!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Mutsch. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, mir hätten eis wuel kee besseren Dag kënnen eraussichen, fir iwwert dat wichteg Thema vun eisem immaterielle Kulturierwen ze schwätzen. Eng Ried vun eis sinn de Moien nach zu Eechternoach duerch d'Stroossen an d'Gaasse gesprongen a sinn domadder engem vun de bekanntesten immaterielle Kulturierwen an eisem Land nokomm.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Et ass e bëssen en abstrakte Begrëff, dee Begrëff vum „Schutz vum kulturellen Ierwen“. Mir hunn, virun net allze laanger Zäit – a quasi all meng Virriedner hu schonn iwwert d'Gesetz geschwat –, d'Gesetz vum Patrimoine culturel gestëmmt. A mir hunn et notament a véier Theemeberäicher, a véier Begrëfflechkeeten opgedeelt: d'Architektur, d'Archeologie, de Patrimoine mobilier – also d'konkreet Objeten – an natierlech, an dorëms geet et haut, de Patrimoine immatériel. Dee krut och an deem Gesetz dee wierklech laang verdéngten a laang erwaarte Stellwäert, deen em zoustee.

Warscheinlech ass dese wichtege Sujet vum immaterielle Kulturierwen een, zu deem jidderengem vun eis eppes anescht ass – jee no Regioun, vu wou mer hierkommen, jee no Berufter, déi mer ausgeübt hunn, jee no Sensibilitéit fir Dänz, fir d'Handwerk, fir verschidde Ritualer. Mee alleguerten hu se Follgendes gemeinsam – an ech zitieren aus mengem Rapport zum Patrimoinengesetz vu virun e puer Méint –: „Eist kulturellt Ierwe reflektéiert d'Geschicht vun eisem Land, vun deem Territoire, vun de Mënschen, déi hei gelieft hunn an nach liewen. Et ass e siichtbaart Zeeche vun eiser gemeinsamer Vergaangenheet an domat en Deel vun eiser Identitéit. Dowéinst schwätze mer haut an hei eeben net just vun den alen Haier oder de Schierbelen am Buedem. Nee, et geet beim Gesetz vum Patrimoine ëm net méi an net manner wéi ëm e wichtege Facteur vun eisem Zesummeliewen, vun eiser sozialer Kohäsion.“ An dat ass och dat, un dat ech denken, wa mer iwwert d'immateriell Kulturierwe schwätzen.

*(M. Marc Spautz prend la présidence.)*

Fir mech geet et ëm dës sozial Kohäsion. Et geet dorëms, dass dësen Territoire, op deem mir liewen, sech a sengen Grenzen ëmmer erëm verännert huet, sech a senger Sproochentwicklung verännert huet an ëmmer erëm nei Communautéiten heih liewen a schaffe koumen, vu Gebräich a Fester, déi d'kulturellt Liewen an deem Land ausmaachen, dat ëmmer erëm nei gepräagt gouf.

Et geet eeben net drëms, just eppes ze konservéieren a genee als solches festzehalen, wéi et eemol war.

Et geet drëms, e liewegt Kulturierwen ze erhalen, et weiderzeverméttelen, et ze erklären an ze kontextualiséieren. Et geet drëms, dass eise Patrimoine immatériel ëmmer erëm nei rekreéiert gëtt an d'Mënsche mateneen an Interaktioun ze bréngen.

An der Unesco-Konvention gëtt déi sougenannt „Diversité culturelle“ an d'„Créativité humaine“ ervirgestrich. An Dir gesitt: Eist kulturellt Ierwen, dat soll net stagnéieren! An et stagnéiert och net. Et ass net nëmme reng typesch Lëtzebuergesch. Et erfënnt sech nei, et entwéckelt sech weider an et ass grenzüberschreidend an deene verschiddene Projeten, déi eragereecht ginn, déi vu ganz verschiddene Länner a Kulturen zebréiert ginn an eragereecht ginn. Et ass doduerjer multikulturell.

An dat, léif Kolleeginnen a Kolleegen, sinn och d'Valuren, déi eist Land hei ëmmer erëm gepräagt hunn an déi dozou bäigedroen hunn, dass mer haut dat Land sinn, wat mer sinn. A genee dese Parallellismus fënnt een och an der Diskussioun ronderëm d'immateriell Kulturierwen erëm.

Här President, d'Schützen, d'Zebréieren, d'Promouviere vun deem immaterielle Kulturierwe war während deene leschten zwee Joer guer net esou einfach. D'Covid-19-Pandemie huet eist soziaalt Zesummeliewe lahmgeleecht an de Social Distancing steet leider a ville Fäll am Widdersproch mat eise Fester, eisen traditionellen an eise kulturellen Evenementer.

D'Sprangpressessioun an d'Eemaische goufen déi lescht zwee Joer ofgesot. D'Oktav, d'Schueberfouer an de Léiffrawëschdag si just a limitéierter Form gefeiert ginn. Allerdéngs konnt d'Konst vum den Dréchemauere weider exercéiert ginn an och 2021 erëm enseignéiert ginn. D'Hiewannskonscht ass natierlech och am Respekt vun de sanitäre Reegelen weider praktizéiert ginn. An och de Wanderschëifer ass déi lescht Joren duerch eis vill Gemeenge gezunn. An doduerjer, dass vill méi Mënschen doheem waren, gouf e warscheinlech och vu vill méi Haushalter wouergéhol.

Gläichzäitig geheet de Verzicht op eng Tradition, op e Fest, bei deem et vläicht soss selbstverständlech war, dass et stattfonnt huet, e ganz neit Licht op d'Wichtigkeet vu senger Existenz. A vill Veräiner hu sech nei mussen domat auserneesetzen, wéi se hir Tradition trotz der Pandemie kéinten ervirhiewen an de Mënsche méi no bréngen.

Ech ka mech beispillsweis un e flotte Video vun der Iechternacher Musek erënneren, bei där all d'Musikanten eenzel doheem d'Lidd vun der Sprangpressessioun gespilt hunn. Dëst gouf zesummegeschneiden. An ech weess, dass sou munch Unhänger vun deem Kulturierwen a bloer Box a wäissem Hiem, trotz der Pandemie, daagsiwwer mat der Musek a mam Video duerch d'Haas gesprongen sinn.

*(Hilarité)*

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Wichtig ass, Stand haut, dass d'immateriell Kulturierwe weider mussen inventariséiert ginn, zebréiert ginn an natierlech och promouviert ginn. D'Inventariséierung vun de besteende Praktiken ass am neie Gesetz verankert. An d'Säit vum immaterielle Kulturierwen iki.lu dokumentéiert d'existent Kulturierwen a stellt natierlech och de Formulaire zur Verfügung, fir nei Traditionen ophuelen ze loossen.

De Patrick Dondelinger, en charge fir d'immateriell Kulturierwen, stécht ganz vill Häerzblutt an de Kontakt an an den Echange mat de villen Organisateuren an deene Leit, déi dës Praktiken ausüben. Déi allermeescht vun hinne maache sech an hirem Éierenamt fir hir Fester an hir Traditionen staark a si stiechen

enorm vill Aarbecht an Zäit heiranner. Hinne géllt eise gréisste Respekt, dass si sech Joer fir Joer an Organisationskomiteen, ASBLen an Interessensveräiner zesummendinn, Demanden a vill Administratives géieren, aner Fräiwëlleger sichen a mobiliséieren, déi néideg finanziell Froe klären a mat ganz vill Loscht an Energie an Iwwerzeegung den Dag selwer present sinn a schaffen, fir dass eis Gesellschaft – Dir an ech – eist kulturellt Ierwe ka kenneléieren an ausüben.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | D'Promotioun vum kulturellen Ierwe leeft also maassgeblech iwwert d'Organisateuren selwer, mee gëtt, wéi gesot, och vum Kulturministère a sengem Site iki.lu chapeautéiert an ënnerstëtzt. Fir dass déi zukünftige Generationen dës Ierwen awer och kënnen kenneléieren a verstoe léieren, ass natierlech den Educationsministère en absolutt néidegen a wichtege Partner.

Hei denken ech beispillsweis un d'nonformal Bildung am Klengkand- a Kannerberäich, d'Maison-relais an d'Crèche, déi e wichtege Vecteur sinn, wou d'kulturellt Ierwe ka seng Plaz anhuelen am Alldag, wou d'Kanner zesumme spillen an zesummen agéieren, ob dat beispillsweis an de Geschichten an an de Bicher ass, déi gelies ginn, bei Ausfluch, wou een de Kontakt mat Berufter, wéi beispillsweis dem Wanderschëifer, ka maachen, oder en Ausfluch an d'Natur, wou een d'Dréchemauern an eisem Land ka bewonneren.

Hei muss dat edukatiivt Personal dofir sensibiliséiert ginn an natierlech och dat néidegt Wëssen an d'Hand kréien. An natierlech mussen och déi néideg personell Moyene prett sinn, fir emol en Ausfluch enzousch hi kënnen ze maachen.

Och an der Schoul huet d'Erfahrung mat eisem kulturellen Ierwe seng Plaz a seng Wichtigkeet. An dëst kann een op ganz transversal Manéier an deene verschiddenste Fächer vermëttelen a léieren. Ob dat an der Geschicht ass, wou d'Schueberfouer mam Jang de Blannen an der Aféierung vun engem grouse mëttelalterleche Maart seng Plaz huet, oder d'Hausgeschleiser am Musekunterricht – och hei ass et alt erëm eenorm wichtig, dass eis Enseignantë Kenntnis iwwert d'Existenz vun deem immateriellen Ierwen hunn an dës hir Plaz am Curriculum ka fannen.

Ech denken hei un de Projet „Lëtzebuerg (er)liewen“, dee vu menge Virriedner schonn erwänt gouf, wou de SCRIPT genau dozou ureegt, dass dës Lëtzeburger Kulturierwen an der Schoul ka praktizéiert ginn. An ech mengen, dass et wichtig ass, dese Projet, deen elo dës Woch stattfënnt, vill méi grousszemaachen, vill méi breetzemaachen an déi néideg Promotioun a Sensibilisatioun och via de SCRIPT an deene verschiddene Curriculumen ze maachen.

Eng Projetswoch huet ëmmer eng Durée déterminée. Ech mengen, dass dese Sujet seng Wichtigkeet huet an dass en am gesamte Schoulkontext an eeben am Betreuungskontext muss seng Plaz fannen. An d'Kultur ass drop ugewisen, dass d'Schoul an d'Betreuungsstrukturen encouragéiert a sensibiliséiert ginn, fir den Accès zur Kultur aktiv ze sichen, fir Hürden ofzebauen, fir Erfahrungen ze schafen. An do mengen mir als gréng Fraktioun, dass dese Volet nach méi muss gestärkt ginn.

Wa mer vu Schoul a Bildung schwätzen, ass och d'Bréck zur Fuerschung net wäit fort. Mir hunn eng Lëtzeburger Universitéit, déi e Bildungs- a Fuerschungsoftrag huet a wou natierlech d'Fuerschung ronderëm eist Land op eng ganz interdisziplinär Aart a Weis hir Plaz muss hunn.

Ech hu selwer Geschicht op dëser Universitéit studéiert. An ech sinn iwwerzeegt, dass d'Fuerschung

ronderëm soziokulturell Theemen, déi fir eist Land relevant sinn, muss op eiser nationaler Universitéit hir Plaz an och déi néideg strateegesch Prioritéit erëmfanne kënnen.

Esou ass et evident, dass mer beispillsweis e Professer fir d'Lëtzebuurger Geschicht brauchen. Well wa mir se net erfuerschen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, da wäert keen anert Land et fir eis maachen! Theeme vun Identitéit, kulturellem Ierwen a kultureller Geschicht gi vill erfuerscht an diskutéiert a gehéieren dofir och an dës Debatt erwänt a sinn néideg fir d'wëssenschaftlech Opschaffe vun dësem ugeschwaten Ierwen.

Här President, ech hoffen, dass mer beim Schutz an der Promotioun vun eise immateriellen Ierwen net zwee Schrëtt no vir an een no hanne sprangen, mee dass mer d'Efforte vun der Dokumentatioun, dem wëssenschaftlechen Opschaffen, der Promotioun an der Sensibilisatioun an eise verschiddene Kulture kënnen weiderdreien. Dass all d'Acteure vun den Interessensvertrieder an de Veräiner, der Kulturzeen, dem Ministère oder de Ministère, der Fuerschung an eiser Schoul- a Betriewswelt zesummen un engem Strang zéien a vernetzt an interdisziplinär schaffen a sech do och géigesäiteg ënnerstëtzen.

Ech si frou, dass mer haut dësem wichtege Thema déi Plaz ginn hunn, déi em zousteet. An ech wëll ganz besonnesch dem Här André Bauler e grouse Merci dofir soen, datt hien dëst Thema op den Ordre du jour vun dëser Chamberspleniëre op dësen Dag gesat huet.

Ech soen Iech alleguer Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci, der Madam Bernard. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och mat engem ganz grouse Merci un den Här Bauler ufänken, deen dës Interpellatioun ugefrot huet. Dat ass eppes, wat mir och ganz vill Freed gemaach huet, och dass mer dat hei kënnen diskutéieren. Et ass interessant an et ass ganz wichtege.

„Patrimoine immatériel“, wann een dat esou dobausse seet bei de Leit, da kënnen sech déi meescht net genee dorënner virstellen, wat dat ass. Wat ass dann domadder gemengt? Wat huet den Här Bauler domadder gemengt? Wat menge mir alleguerten? Dat ass och elo aus deenen Discoursen hei erauskomm, dat ass am Fong: Et gëtt ëm d'Lëtzebuurger Kultur.

A wann ee vu Patrimoine schwätzt, dann ass de Gedanke vun Denkmalschutz och net wäit. Hei geet et also ëm de Schutz, jo, de Schutz vun der Lëtzebuurger Kultur. An den Här Bauler huet och dat Wuert gesot vun „ausstierwen“, wat natierlech och eng Bedroung ass fir en Deel vun eiser Kultur, dee mer also do musse schützen. Dat ass eppes, wat eis och als ADR ganz staark um Häerz läit: d'Lëtzebuurger Kultur ze erhalen a se méi wichtege ze maachen an nach ze fërdere.

Kucke mer, ëm wat et alles geet, wéi d'Situatioun ass a wat ee vläicht alles ka maachen. Mir hunn iwwert d'Gesetz hei geschwat. Effektiv, dat neit Gesetz iwwert den Denkmalschutz gëtt dem Patrimoine immatériel – dat heescht, den Traditionen, de Ritualer, dem Handwierk – eng legal Basis a gesäit een Inventaire a Mesurë vir, fir de Fortbestand ze assureieren. Dat freet eis, genau esou wéi verschidden Aktiounen, déi do sinn, wéi d'Internetsäit iki.lu. Eng ganz flott Initiativ.

Dat ass wichtege, well d'Lëtzebuurger Gesellschaft charakteriséiert sech duerch hir Kultur an duerch hir Sprooch, esou wéi dat och bei aneren Nationen de Fall ass. Wann eng Tradition verschwënnt, da stierft och en Deel vun eiser Kultur. A wat eng Kéier fort ass, dat kënnt soubal net méi erëm.

Kucke mer méi genee eis Traditionen, eis Bräich, eis Ritualer, déi et deelweis zënter Joerhonnerte gëtt an déi natierlech och deelweis net nëmmen zu Lëtzebuerg existéieren, awer trotzdem ganz typesch si fir eis Lëtzebuurger Kultur: Liichtmëssdag, Ouschteren, Eemaischen, Buergbrennen, Oktav, Meekranz, Sprangpressioun – déi war jo haut, allerdéngs mat 20 % méi Participanten, wéi dat nach vläicht war virun e puer Joer war –, Hämmlsmarsch, Kiermes, Kommioun, Kleeschen, Bärbelendag, Chrëschttag, Léiffrawëschdag; an och vill aner méi lokal a regional Traditionen, déi et am ganze Land gëtt: Wäifester, Pressiounen, Mäert an esou weider an esou fort. Och vill Lokalhistoreschen. Et ass och dofir wichtege, dass mer bei déi eeler Generatioun ginn a schrëftlech festhalen, wéi si d'Liewe fréier erlieft hunn, d'Lëtzebuurger Kultur.

Vill, besonnesch déi Jonk, kennen dat allerdéngs net méi. Mir alleguer heibanne liewen och e bëssen – an Dir gitt mer bestëmmt Recht – an engem Mikrokosmos, an deem mer eis beweegen, ëmmer e bësse mat deene selwechte Leit, och an eisen Uertschaften, an eise Gemengen. Dat sinn dann oft déi Leit, déi och matmaache bei all deene Saachen. Mee mir wëssen alleguer, dass e groussen Deel vun der Bevëlkerung leider net deelhält u ville Manifestatiounen, un Traditionen.

Ech kann e puer Beispiller ginn. Ech wunne jo zu Mamer. Ech ginn op d'Buergbrennen. Den Här Roth mécht do fantastesch Thüringer. Mee mam Buergbrennen zu Mamer, do gesäit een dann – allez hépp, ech soen elo – e puer Honnert Leit, vläicht 200, deemno wéi d'Wieder ass. An der Gemeng Mamer wunnen der awer 10.000. Dat heescht, mir bréngen et net färdig, wirklech d'Leit op déi Manifestatiounen ze kréien. An dat ass schued.

Klibbere gëtt et bei eis och net méi!

(Interruption)

An do spillt d'Schoul natierlech eng ganz grouss Roll. Mir müssen eis jo bewosst sinn, dass bei zwee Drëttel vun de Kanner d'Elteren an Netlëtzebuurger sinn an domadder och net deen immaterielle Patrimoine vun eise Land kenne kënnen. A si kënnen en dann och net weiderginn. Dofir ass d'Kultur an der Schoul och esou wichtege!

Déi meeschte Kanner kenne se net méi esou gutt, an dat ass schued. Traditionen, Ritualer ginn Halt, maache Freed fir Grouss a Kleng. An d'Schoul huet hei eng Verantwortung, grad wou et och kee Reliounsunterricht méi gëtt. Et kann een derfir sinn, et kann een dergéint sinn, mee, ech mengen, Fakt ass, dass de Reliounsunterricht trotzdem vill derzou bäigedroen huet, fir Traditionen weiderzeginn un d'Kanner. Dat müssen elo haut déi aner Fächer an der Schoul iwwerhuelen, woubäi mer net kloer ass, ob dat och ëmmer esou gutt fonctionéiert.

E puer Beispiller, déi ech a menger Erfahrung als Proff am Lycée selwer erlieft hunn:

Ech hu meng Schüler gefrot: Wat ass den Hämmlsmarsch? An der Reegel hat ech ee bis zwee Kanner am Lycée, déi woussten, wat dat wier.

Ech hunn d'Kanner gefrot, wien den Hellege Willibrord géif kennen. Dat waren an der Reegel 0 % – dobäi ass dat eng ganz wichtege Perséinlechkeet op dësem Dag an och fir eist Land.

Lëtzebuergesch Vollekssladder, dat hunn déi meeschte Schüler net kennt. D'Nationalhymn: d'Hallschent net méi.

An dat ass wirklech schonn e bëssen dramatesch – net nëmmen de Manktem un der Lëtzebuurger Kultur, mee och un der europäescher Kultur an der Kultur iwwerhaapt. Ech mengen, dass een allgemeng misst derfir suergen, eng Kulturoffensiv an eiser Schoul ze starten, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | ... well dat ass wichtege, a mir wëllen net eng Gesellschaft kréie vu kulturellen Alphabeten.

Geschicht a Kultur si – leider – net méi esou in. An all deenen Tester, wéi zum Beispill dem Pisa-Test an och soss, gëtt jo och keng Culture générale gefrot, mee just nach Kompetenzen. Dat ass schued, dat ass e Risefeeler!

Et kritt een heiansdo och d'Gefill, wéi wa sech verschidde Leit quasi fir eng lëtzebuergesch Kultur géife schommen oder se verstoppe wëilten. Och dat ass schued. Mir hunn eng räichhaltege Kultur a mir müssen eis Kultur, déi mer liewen, déi mer am Häerz droen, déi mir weidergi krute vu Generatioun zu Generatioun, héichhalen a se weisen. Also d'Dier, fir se ze gesinn an drun deelzehuelen, opmaachen, esou wäit et geet. Well et verbënnt, et schaaft Gemeinsamkeiten, et schaaft Zesummenhalt, et ass flott an et gëtt Halt. An, jo, well dann erméigleche mir och Integratioun. Well Integratioun ass jo och just da méiglech, wann déi Nei wëssen, a wat se sech sollen integréieren.

Ma da kommt, mir stelle se an d'Vitrinn, eis Kultur, eis räichhaltege Geschicht: Lëtzebuerg iwwer 1.000 Joer al, Iechternach, Sprangpressioun, eis Konscht, eis Traditionen, eis Literatur, eis Lidder, Architektur, eis Sprooch natierlech, wéi mer se haut kennen, déi zënter – laut dem Alain Atten – 600 Joer hei geschwat gëtt.

Iwwer eis Sprooch gëtt et nach vill ze soen, mee ech mengen, dofir hunn ech awer elo leider d'Zäit net. Mee och si ass natierlech en extreem bedeitende Bestanddeel vun eiser erhaltenswäerter Kultur, an dat an alle Beräicher. Si ass et, déi eis mat eiser Kultur jo och eenzegartege mécht. An et ass nach grad dat Eenzegartege, wat et ze erhalen an ze ënnerstëtze gëllt, well et eis esou eemolege mécht. An dat ze erhalen an ze weisen, erméiglecht eeben och Integratioun.

A grad déi Traditionen, déi Lokalgeschichten déi vun de fräiwëllegen Acteuren um Terrain verbreet ginn, vun de Musekveräiner, vun de Chorallen a soss Kulturveräiner ... Leider kämpfen der vill vun hinnen ëm d'Iwwerliewen a riskéieren, ze fusionéieren oder carrement ze verschwannen, wéi dat schonn op enger ganzer Partie Plazen de Fall ass. Ma grad si missten nach vill méi valoriséiert an ënnerstëtzt ginn. An do wëlle mer drop hiweisen, dass dat ganz wichtege ass: eis lokal Veräiner, déi sech nach fir d'Kultur asetzen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | An ech wëll haut dann hei och eppes Konkreetes virschloen an enger Motioun fir en Deel vun eiser Kultur, eppes Flottes, wat wirklech hëlleft, eis Kultur ze ënnerhalen: An dat ass eng Motioun, fir eis traditionell Lidder zougänglech ze maachen. Et ass mer opgefällt: Mir hunn Dausende vu lëtzebuergesche Lidder; e puer Honnert vläicht, déi wirklech relevant sinn. An et ass ganz schwéier, déi ze fannen. Verschiddener fënnt een op YouTube oder esou, anerer net.



Do wier et eeben interessant, wann et vum Ministère eng Initiativ géif ginn, fir eng Plattform ze installéieren, wou een déi Lidder géif ophuelen a wou een déi da kéint, bei Interessi, nolauschten, an esou eeben dann e weidere Wäert ginn, eng Wäertschätzung ginn eisem Lidder-Repertoire, eisen Traditiounen, an och dee Moment eiser Literatur. Dat wier eng flott Saach. Ech deposéieren déi hei.

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Wannechgelift.

### **Motion 1**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, dass*

– Lëtzebuerg iwwer eng grouss Zuel vun traditionelle Lidder verfüügt, déi säit Generatiounen zum Patrimoine vun eisem Land gehéieren an déi souwuel fir d'Musekgeschicht wéi och fir d'Literaturgeschicht vun eisem Land vun eminenter Bedeutung sinn;

– et schued wier, wann dës Lidder géifen aus dem kollektive Gedächtnis verschwannen;

– et zurzäit keng digital Plattform gëtt, wou all eis traditionell Lidder repertoriéiert sinn an duerch déi jiddereen zu jidder Zäit d'Méiglechkeet huet, dës Lidder ze lauschen, an

*fuerdert d'Regierung op,*

– eng digital Plattform ze installéieren, op där all déi bekannt traditionell Lëtzebuurger Lidder repertoriéiert sinn, eng Plattform, déi kontinuierlech erweidert gëtt an duerch déi d'Bevölkerung vum Land, awer och all aner Mënschen, déi un eisem traditionellen Lidderrepertoire interessiert sinn, Zougëtt op dës Lidder hunn.

(s.) Fred Keup.

Zum Schluss: Lëtzebuerg huet eng räichhaltig Kultur a mir sollten déi mat guddem Gewëssen a mat voller Energie fërderen. Domat fërdere mir och zesummenhalt, mir fërdere Gemeinsamkeiten, mir maache Freed a mir ginn Halt. Mir fërdere dat Zwëschemënschlecht, mir féieren zesummen: Jonker an Aler, Lëtzebuurger an Auslänner. Well grad si sinn och dacks un eiser Kultur interesséiert.

Déi aner Kulturen, déi iwwerliewe schonn. Doriwwer brauche mer eis keng Gedanken ze maachen; do këmmere sech anerer drëm. Eis Kultur ka just iwwerliewen, wa mir dat wëllen a wa mir dat assuréieren a wa mir eis Kultur héichhalen! Dat mécht keen anere fir eis.

A kuckt net d'Momentopnam – kuckt d'Evolution! Stellt Iech d'Fro: Gëtt et dat alles nach an 20, 30 oder 40 Joer? Gëtt et a 40 Joer nach en Hämmlsmarsch? Deen et elo schonn op verschiddene Plazen net méi gëtt. Gëtt et nach e Buergebrennen? Wat et elo schonn op verschiddene Plazen net méi gëtt. Gëtt et nach e Klibberen? Wat et elo schonn op ville Plazen net méi gëtt. Dat ass déi kruzial Fro! A wéi kréie mer dat esou laang wéi méiglech nach erhalen? Well et ass wichteg.

Mir kënnen eis also net op de Kannapee setzen a soen: „Et ass alles gutt.“ Well da beléie mer eis selwer. Mir musse proaktiv agéieren. An hutt kee schlecht Gewëssen! Déi aner Natiounen maachen dat och. Et ass dat Normalst vun der Welt. Sidd houfreg op eis lëtzebuergesch Kultur a maacht mat! A probéiert d'Leit ze motivéieren matzemaachen! Zielt hinne vun eiser Kultur a weist hinne eis Kultur! Dat kënn eis alleguer zegutt.

Ophale wëll ech mat engem Zitat: „Eng Natioun besteet duerch d'Kultur a fir d'Kultur.“ Dat ass vum Poopst Jean-Paul dem II. 1980 bei der Unesco.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci dem Här Keup. De leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, vill Nimm si scho gefall haut: d'Schueberfouer, d'Sprangpressessioun, d'Eemaischen, d'Oktav an den Niklosdag. Dat sinn also Elementer vum immaterielle Kulturierwen, déi warscheinlech deene meeschten Awunner hei am Land e Begrëff sinn.

Den Inventaire vum immaterielle Patrimoine hält hei awer net op. Och eng ganz Rei Aktivitéiten, déi vill Leit kennen – och wa se da vläicht net offiziell wëssen, dass se zum Patrimoine gehéieren –, sinn hei ze fannen. An den André Bauler, deem ech Merci soe fir d'Ufro vun dëser Interpellatioun, huet der och schonn e puer genannt: d'Konscht vum Baue vun Dréchemauern, d'Hiewannekonscht oder d'Wanderschëfferei. Alles Saachen, wou een op den éischte Bléck net onbedéngt weess, dass dat en immateriell Kulturierwen ass, an awer spillt et eng wichteg Roll an eise Bräich, an eisen Traditiounen.

An da gëtt et awer nieft deene manner bekannten Traditiounen och nach manner bekannt Traditiounen – muss ee bal soen –, nämlech déi Traditiounen, déi schonns net méi vill Leit kennen, a wann, da virun allem nach d'Lëtzebuurgerinnen an d'Lëtzebuurger. Ech denken do un d'Haupeschbléiser, un d'Fléizen an d'Haus- an d'Flouernimm. Ech mengen, den André Bauler hat virun drun dovunner geschwat.

Haus- a Flouernimm, dat ass eppes ..., wann ee säi Liewe laang an där nammlecher Gemeng gewunnt huet, an där nammlecher Gemeng wunnt, da kennt ee se à la limite nach. Wann een dann awer, wéi hautdesdaags déi meescht, e puermol plënnert a sengem Liewen, well dat sech eeben och um Wunnensmaart quasi esou ergëtt, da geet dat e bëssen ëmmer méi verluer.

Et muss ee just duerch d'Stad Lëtzebuerg goe fir ze gesinn, dass déi al Stroossennimm zwar héichgehal gi vun der Gemeng, awer net onbedéngt nach bei de Leit am Kapp sinn. Also „um Gruelf“ kennen zwar d'Stater, mee wann een awer iergendeen géif froen, deen do schafft, dee géif warscheinlech soen: „Dat ass d'Rue du Fossé.“ Do ass d'Iwwersetzung alt nach ganz no. Et gëtt awer nach aner Stroossen, do ass dat vill méi wäit ewech. Also, och déi Lëtzebuergesch Nimm vu Lokalitéiten, vun Haiser, vu Fléier, mengen ech, ginn ëmmer méi vergiess.

An dann d'Lëtzebuurger Volleksdanz. Ech sinn éierlech: Ech selwer hätt meng Problemer, fir elo e lëtzebuergesche Volleksdanz opzeféieren. Mee vläicht géif sech hei an der Chamber jo nach deen een oder anere fannen, deen dat an Erënnung géif ruffen.

An dann d'Banne vu Krautwësch zu Léiffrawëschdag – och do muss ech zouginn: Dat ass mer zwar nach e Begrëff, awer selwer dorunner bedeelegt war ech ni.

An aleng schonns dofir, fir dat alles hei an der Chamber nach eng Kéier an Erënnung ze ruffen, wollt ech awer dem André Bauler e grouse Merci soen. Well esou konnt ech mech während der Preparatioun op dësen Debat dann awer nach eng Kéier eduquéieren, mech eraliesen a mer déi ganz Froen nach eng Kéier virun Ae féieren.

Dat bréngt mech dann och direkt zu der Fro, wéi een aner Leit mam Theema vum Patrimoine immatériel am beschten erreeche kann, fir dass och si méi iwwert d'lëtzebuergesch Traditiounen gewuer ginn.

D' Websäit vum immaterielle Kulturierwen zu Lëtzebuerg, den i.k.i.lu, gouf e puermol ernimmt an ass sécher eng gutt Informatiounsquell. Mee leider muss een dann awer och soen, dass sech op dës Säit wuel

just déi Leit veriren, déi ganz bewosst eng Recherche iwwert dëst Theema maachen, wéi dann haut all d'Riednerinnen an d'Riedner an dësem Debat. Persounen, déi nach guer net wëssen, dass nieft historeschen oder industrielle Gebaier och immateriell Gidder als Patrimoine geschützt kënne ginn, ginn aleng mat der Websäit wuel éischter net erreecht.

Méi eng breet Populatioun kéint sécher iwwert d'Ophuele vu verschiddenen Traditiounen an de Schoulprogramm informéiert ginn, woubäi sech dann d'Fro stellt, a wéi engem Fach dës Sujete sollen traitéiert ginn. Sécher kënne gewëssen Traditiounen zum Beispill an der Geschicht oder am Civiqueskurs behandelt ginn, mee da gi se och als dat wouergeholt: als Deel vun der Geschicht an net als lieweg Traditioun.

Insgesamt dierf een nämlech net vergiessen, dass et ganz schwéier ass, Traditiounen a Bräich iwwer Bildung oder staatlech Förderprogrammer um Liewen ze halen. Eigentlech mussen Traditiounen aus der Gesellschaft eraus um Liewe gehale ginn, well just esou laang, wéi et Mënsche gëtt, déi eppes mat dëse Bräich verbannen, si se och nach lieweg. Anescht kann een zwar aus historeschem Interessi verschidde Bräich ëmmer nees widerhuelen, mee wa se fir d'Mënschen näischt méi ausdrécken, verléiere se awer e wichteg Stéck vun hirer Bedeitung.

Aus deem Grond kéint et eventuell méi interessant sinn, verschidden Aktivitéiten, Bräich an Traditiounen, déi amgaange sinn, verluer ze goen, nees méi op Gemengenniveau duerchzeféieren an och do ze zelebrieren. Och do gouf jo e Beispill aus dem Süde genannt mam Bärbelendag. Ech kommen net aus dem Süden, ech hu mer awer vu mengem Kodeputéierten, dem Marc Goergen, soe gelooss, dass dat bei hinnen nach grouss zelebriert géif ginn; eppes, wat sécherlech och immens wäertvoll ass a genau dohinner gehéiert an net an d'Schoulbicher oder op d'Uni.

**M. André Bauler** (DP), interpellateur | Och zu Uewermaartel, Här Clement!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, och Uewermaartel, Här Bauler, ass net mäi Gebuertsuert, wéi Dir wësst. Dat heescht, mat deenen Traditiounen, sou schéi wéi se och sinn, huet meng Fra méi ze di wéi ech selwer.

Natierlech muss dat eent dat anert net ausschléissen, mee et ass dach awer eppes aneres, ob een aus engem Buch léiert, dass iergendwellech Virfaren, zu deenen een net onbedéngt eng Bindung huet, iergendwann eemol eppes gemaach hunn, oder ob ee selwer en angeneeme Mëtteg zum Beispill mat Frënn a Famill op der Gemengeplaz verbréngt, wou een d'Traditioun selwer erliewe kann.

Déi perséinlech Erfarunge spille jo sécher eng Roll derbäi, firwat d'Sprangpressessioun, d'Oktav an natierlech d'Schueberfouer nach méi Leit e Begrëff si wéi d'Krautwësch vu Léiffrawëschdag.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Wien erënnert sech net drun, als Kand op den Oktavmäertchen oder op d'Fouer gaangen ze sinn, fir als éischt warscheinlech eng Int ze fëschen an dobäi iergend e Plastikkrëppeng aus China ze gewannen, deen engem dann natierlech als Kand immens gutt gefall huet, während een duerno, spéider dann, op d'Fouer op d'Knuppautoe gaangen ass an dann nach e bësse méi spët mat de Frëndinnen a Frënn op d'Fouer gaangen ass, fir vläicht deen een oder aneren Thüringer ze iessen a gläichzäitig vläicht och deen een oder deen anere Patt ze drénken?

Ech verbanne mat der Fouer zum Beispill den traditionellen Fësch mat de Grousselteren. An ech mengen, dass et: Mir mussen déi Traditiounen mat Perséinlech fëllen, wa mer wëllen, dass se erhalen ginn.

Wat eng Traditioun nämlech méi enk mat der Gesellschaft verbonnen ass a sech esou iwwert d'Zäit och mat hir wandelt, wat se och méi bestänneg an der Kultur bleift.

Mir hunn alleguerten erlieft, wéi d'Pandemie eng ganz Rei Fester an Traditionen temporär annulléiert oder zumindest verännert huet. Mee déi Traditionen, déi de Leit wichteg sinn, déi, mat deene sech schéin Erënnerungen oder besonnesch Momenter verbannen, waren doduerch trotzdeem net a Gefor. Keen huet Bedenken, dass d'Leit iergendwann an noer Zukunft kéinten ophalen, Chrëschttag mat der ganzer Famill ze feieren, just well dat während der Pandemie net méiglech war, an dee Brauch elo a Vergessenheet kéint geroden.

Wa mir also haut dovun schwätzen, wéi een Afloss d'Pandemie op eisen immaterielle Patrimoine huet, da muss ee sech bewusst sinn, dass déi Traditionen, déi vun der Pandemie tatsächlech getraff kënne ginn, och déi sinn, déi schonn viru Covid net méi richtig bei de Leit am Kapp oder an hirer Liewenswelt verankert waren. Hei gëtt et da just nach zwou Méiglechkeeten: Entweder et gëtt ee Wee fonnt, d'Traditioun nees méi lieweg ze gestalten, zum Beispill duerch en neit Oplieweloose vum de Bräich an de Gemengen, wéi ech proposéiert hunn, oder, falls dat net klappt, well d'Leit einfach keng Verbindung méi fannen an et just kënschtlech wirkt, et konservéiert een de Brauch als Deel vun der Geschicht, deen et wichteg ass weiderzeerzielen, mee deen awer net méi gelieft gëtt.

Schliisslech kann een och net einfach all Brauch duerch politesche Wëllen um Liewen halen, geneesou wéi een net einfach nei Bräich politesch erzwingen kann. Traditione brauche Mënschen, déi eppes mat hinne verbannen an dat kann d'Politik net erzwingen. D'Politik ka probéieren, esou gutt et geet de Kader ze setzen, mee schlussendlech ass et d'Gesellschaft, déi hir Bräich wielt, an net d'Chamber oder d'Regierung.

Datt dat esou ass, gesi mer aktuell jo och um Beispill vum Europadag, engem a mengen Ae schéinen a wichtige Feierdag, deem et aktuell awer och kuerz no senger politescher Asetzung nach u Liewe feelt, well d'Gesellschaft en nach mat Bedeitung fir sech selwer muss fëllen. Ob a wéi dat wäert geschéien, kënne mer als Politiker net viraussoen. Mir kënnen de Kader setzen, mee ob d'Leit an deem Dag just en Dag gesinn, op deem se net musse schaffen, oder awer en Dag, un deem si de Wäert vun Europa a vläicht souguer e Gefill vun Unitéit an der EU verspieren, kënne mir net decidéieren.

An esou ass et och beim Versuch, de Patrimoine immatériel um Liewen ze halen oder souguer en nees nei ze beliewen. D'Politik kann de Kader setzen, mee um Enn bréngt et awer och näischt, un der Authentizitéit vun engem Brauch festzehalen, wann d'Leit einfach keen Zougang méi dozou hunn.

Eist ganz Land sollt um Patrimoine immatériel kënnen deelhuelen an dat ouni onnéideg Sproochbarriären. Dofir si mir an enger multikultureller Gesellschaft och verflücht, eis Traditionen esou ze kommunizéieren, dass jiddweree se versteet. A vläicht kënt duerch den Interessi um immaterielle Patrimoine dann och en Interessi un eiser Sprooch – en Interêt, deen ni kann opkommen, wa vun Ufank un eng Sproochbarriär gëllt. Dat heescht, och Haus- a Flouernimm, wat zwar den Erhalt vun der Lëtzebuerger Sprooch sécherlech begënscht, mussen esou encadréiert sinn, dass se fir jiddweree zougänglech sinn.

Eis Traditione sollten Traditione vu ganz Lëtzebuerg ginn an net just vun de Lëtzebuerggerinnen an de Lëtzebuergger. Dat wär zumindest mäin Zil.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Kulturminister Sam Tanson.

### *Prises de position du Gouvernement*

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture | Jo, schéine gudder Mëtteg, merci villmools, Här Bauler, dass Der dat op den Agenda gesat hutt. An natierlech ass grad haut – ech ënnersträichen dat och wéi vill vu menge Virriedner – e gudden Dag, fir iwwer eisen immaterielle Patrimoine ze schwätzen.

Dir hutt scho ganz vill gesot. Dir hutt schon alles beschriwwen, wat mer op eise verschiddene Lëschtchen hunn. Dat erlaabt mir op alle Fall, relativ kuerz ze sinn a vläicht just nach eng Kéier op déi puer wichtegst Punkten anzugeen.

Dir hutt och gutt beschriwwen: Wat ass den immaterielle Patrimoine? Dat sinn Traditionen, et si Bräich, et ass en Handwerk, et ass e Fest, et kann och eng Konscht sinn, déi eis erhalte bliwwen ass.

An aneschtens wéi de gebaute Patrimoine handelt et sech beim immateriellen Ierwen ëm eppes, wat nach leeft, eppes, wat sech och weiterentwéckelt, wat net onbedéngt genausou ass wéi dee Moment, wou et ugefaangen huet ze existéieren, mee virun allem eppes, wat opbaut op eng ganz Communautéit, déi dee Patrimoine um Liewen erhält. An dat ass eppes, wat eigentlech dee Patrimoine ausmécht. Mir mussen eis op déi Communautéite baséieren. Dat sinn och déi generell Prinzippien, déi dat esou virgesinn, fir dee Patrimoine weider um Liewen ze erhalen.

Et ass also esou, dass mir als Staat, als Ministère dat just begleeden an net dirigéieren, mee eebe probéieren, sou gutt et geet, d'Moyenen zur Verfügung ze stellen, och verschidden Demandé matzëbegleeden, och ze kucken, wou eng Hëllefstellung muss oder ka gelescht ginn. Mee et ass awer net esou, dass mir dirigistesch do virginn oder kënne virgoen – loin de là!

Ech gi vläicht d'Beispill vun der Iechternacher Sprangpressessioun, wou ech, wéi Verschiddener vun Iech, déi grouss Freed hat, de Moie matzemaachen. Ech war e bësse perplex iwwert d'Ausso vum Här Mischo. Ech hunn dat esou verstanen, wéi wann dat just fir CSV-Membere wär. Ech mengen net, dass dat de Fall ass, zemools net fir e Patrimoine, deen et wierklech bis op d'Unesco-Lëscht gepackt huet. Mee bon, soit, dat ass dann eng aner Diskussioun.

Mee um Beispill vun der Sprangpressessioun kann ee vläicht och gutt weisen – well dat, fannen ech, ganz parlant ass –, wat déi Begleedung am immateriellen Ierwen net ass. Wann elo zum Beispill – wat, wann ee gesinn huet, wéi aktiv déi ganz Iechternacher Communautéit do ronderëm ass, onwarscheinlech ass – enges Daags kee méi do wéilt matspringen, da kéint de Staat net higoen an zum Beispill Fonctionnaire beuerderen a soen: „Dir gitt elo op Iechternach sprangen!“

Esou kann et eebe grad net fonctionéieren. Et ass wierklech esou, dass et muss vun der Communautéit kommen an dass eeben déi Communautéit, déi déi Tradition um Liewen hält, dat och weidergëtt. Zum Beispill zu Iechternach leeft dat jo iwwer ganz flott Moyenen. Ech hunn nach de Moie vun den Iechternacher/innen erkläert kritt, dass dann hir Schoulpause verlängert gi sinn, fir dass se kéinten deen traditionellen Schrëtt üben, wat se alleguerten a gudder Memoire behalen hunn a wat natierlech och mécht, dass eng ganz Schoulcommunautéit dohannerstécht,

dass eng ganz Gemeinschaft dohannerstécht. An de Claude Meisch wäert herno bestëmmt nach am Detail erklären, wat mer nach alles maachen, fir de Patrimoine och do um Liewen ze erhalen.

Mir hunn zwou verschidden Zorte vun Inventairen, wann Der sou wëllt: natierlech deen iwwergeuerdeten, internationalen, d'Unesco-Lëscht, an dann hu mer deen nationalen Inventaire. A bei deenen zwee ass eigentlech de Prinzip dee selwechten: Et geet, wéi gesot, drëm, dass eng Communautéit déi Tradition muss liewen, fir dass mer se och erhalen, an dann eeben déi ganz Prozedur mat begleeden. De Staat ass hei absolutt am Service vun där Communautéit an dorop limitéiert sech dann och d'Roll.

Zum Institutionellen: De Patrimoine immatériel ass zënter dësem Joer dann och am Kulturministère ugesidelt. Duerch dat neit Denkmalschutzgesetz hu mer elo och e legale Kader. Et gëtt och en eegene Budgetartikel vun 105.000 Euro, déi ganz spezifesch dem Patrimoine immatériel dediéiert sinn.

Den Här Bauler huet gemengt, ech wär dergéint, en Institut ze schaffen. Sou formell hunn ech dat och an der Kommissioun am Kontext vum Denkmalschutz net gesot. Ech hu just erkläert, dass et vu déi aktuell Envergure, mat enger Persoun, déi der Saach dediéiert ass – natierlech entouréiert vun de Mataarbechter aus dem Kulturministère, zum Beispill wat den Internetsite ubelaangt a sou weider –, vläicht e bëssen iwwerdriwwer wär, direkt eng eegen Administratioun ze schaffen, wat déi Institut-culturelle jo eigentlech sinn.

2018 gouf en Appel public lancéiert, fir eeben deen nationalen Inventaire ze maachen, ze etofféieren. Do sinn eng ganz Rëtsch Communautéiten, déi sech gemellt hunn, mat deene mer och an enkem Echange sinn iwwert d'Persoun vum Patrick Dondelinger, deen eis jo hei ganz gutt nolauscht, wat mer alleguerten soen, an deen och verschidde Propose mécht, fir eng Hëllefstellung unzëbidden, jee no deem Sujet, wou da grad de Besoin existéiert.

Et ass och wichteg, dass mer Hëllefstellungen ubidden. Zum Beispill, wann ech elo d'Haupeschbléiser kucken, hunn ech mer soe gelooss, do wär och wéi op ville Plazen vläicht de Problem, fir d'Successioun bei deene Jonken ze fannen. Och do kënne mer dann mat der UGDA zesumme kucken, wéi een dat ka besser féerden, fir dass méi Jonker Loscht hunn, do matzemaachen.

Mir schaffen och un den interne Prozeduren am Kader vun deem neie Patrimoinengesetz. Do ass jo elo eng nei Kommissioun agesat ginn, d'COPAC – wéi mer se mat hiren Ofkierzungen nennen –, déi derfir zoustänneg ass, fir déi eenzel Demanden och ze analyséieren. An dann och ganz wichteg: Mir digitaliséieren och d'Prozeduren, fir déi Demanden ze maachen, sou wéi dat och bei deenen anere Patrimoinen de Fall ass. An déi kënn dann op myguichet.lu.

Et war d'Fro opkomm no enger Ulafstell. Am Moment hu mer eng digital Ulafstell mat iki.lu, wat vläicht ganz gutt bei de Patrimoine immatériel passt. An doriwwer eraus ass eeben de Kontakt mat de Communautéiten do. Mir hate jo och déi Owenter organisiert, wou mer d'Denkmalschutzgesetz en tant que tel virgestallt hunn, wou och ëmmer ganz vill Froe koumen zum Volet immatériel, wou ee wierklech gesäit, dass et eppes ass, wat ville Leit extrem wichteg ass a wou se och wëllen dru matschaffen, fir dësen ze erhalen. Dann ass et nach esou, dass mer natierlech och mam SCRIPT zesummeschaffen, fir eeben dee Volet nach besser ze vernetzen.

An dat Ganzt u sech, fir zwee Objektivier ze erfëllen, well de Patrimoine immatériel huet zwee Objektivier:



Dat eent ass dat vun der sozialer Kohäsion. Dat ass ganz gutt beschriwwen ginn. Dat sinn eeben déi Momenter, wou an engem Duerf, an enger Gemeng d'Leit zesummekommen, fir eng Aktivitéit, e Fest, och en Handwierk, eppes zesummen ze maachen, wat esou weidergeet a wou dann eist Zougehörigkeetsgefühl eeben doduerch accentuéiert gëtt.

Dat anert ass dat vun der nohalteger Entwécklung. Wann ee kuckt: Déi Saachen, déi an der Lescht op d'Lëscht koumen, déi Traditionen a Bräich déi an der Lescht op den nationalen Inventaire koumen, déi ginn och ganz vill an déi Richtung, wéi zum Beispill d'Drèchemauern. Dat ass jo och elo an der Diskussion, wou och eng ganz schéin a flott al Tradition mat eriwirggaangen ass.

Vläicht nach just ee Wuert, wann ech schonn hei uewe stinn, zu der Motioun vun der ADR. Aus mengem Point de vue, vu och d'Beschreibung, déi ech dovu gemaach hunn, wéi mer de Patrimoine immatériel handhaben, geet et ëmmer drëms, dass eng Communautéit dohannerstécht an eng Communautéit de Porteur ass a mir am Fong dat Ganzt just begleet. De Ministère ass net d'Communautéit an de Ministère ass och net deen, deen d'Traditioun um Liewen erhält oder deen d'Traditioun selwer mécht, wéi dat beim Beispill vun der Sprangpressessioun vu virduun da Fall ass. Duerfir gesinn ech elo an deem Kontext och schlecht, wéi dann de Ministère géif déi dote Roll iwwerhuelen.

Natierlech si mer ëmmer bereet, sief et am Kontext vum Patrimoine immatériel, sief et an anere Kontexten, fir och esou Projeten ze ënnerstëtzen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Kulturministesch Sam Tanson. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo den Här Educationsminister Claude Meisch.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci och un den André Bauler, dass hien eis de Mëtteg an déi Thematik agefouert huet an och d'Initiativ geholl huet, fir eng Debatt hei ze féieren iwwert de Patrimoine immatériel.

Patrimoine immatériel hu mer eigentlech geierft, well viles kënn vu fréier. An et ass eis Obligatioun zum Deel, fir et och weiderzeginn. Ech denken och, et weiderzeginn un eng jonk Generatioun an dat natierlech och bei ville Jugend- a Kanneraktivitéiten an der Schoul, op der Universitéit, well grad e jonke Mënsch brauch seng Wuerzelen. E muss wëssen, a wat fir eng Welt en erawisst. Wann en dat ignoréiert, da wäert en och ni richteg kënne Filleken entwéckelen, fir an eng nei Welt kënne ze starten. Dat eent geet eigentlech net ouni dat anert. Duerfir muss dee jonke Mënsch, denken ech, och kënne d'Welt vun haut an och d'Welt, wéi mer se geierft hunn, wéi se sech entwéckelt huet, verstoen a begräifen.

An do hunn d'Beräicher vun der Bildung an d'Beräicher vun der Fuerschung natierlech hir Responsabilitéit. Ëmmer nees, well natierlech ëmmer nees eng nei Generatioun eruwisst, un déi et och gëllt, déi Wuerzelen do weiderzeginn, awer och, well mer grad an eise multikulturelle Kontext hei zu Lëtzebuerg mat där grousser Diversitéit an eiser Populatioun eng Verantwortung hu fir deene Kanner, déi net hei opgewuess sinn, respektiv deenen hir Eltere virun allem net hei opgewuess sinn, déi awer hei sinn an hei wäerten hiert Liewe maachen, eis Traditionen, eis Gebräich awer och d'Erklärungen, firwat mer als Land esou sinn, wéi mer sinn, a wéi mer eis esou entwéckelt hunn, wéi mer eis eeben entwéckelt hunn, kënne matzeginn, well et och fir si wichteg ass.

Well wann een net weess, wou een ukomm ass, kann ee sech do eigentlech ni richteg doheem an als en Deel vun enger Communautéit spieren.

D'Fuerschung, denken ech, ass gradesou wichteg. Et geet ëm Dokumentatioun. Et geet ëm d'Erfuerschung. Et ass och net nëmme wichteg, fir et der Nowelt ze erhalten, mee awer och fir falsch Interpretatiounen ze evitéieren an och eventuelle Mëssbrauch ze verhënnere, well och déi Gefor sécherlech eng reell ass.

Et ass, mengen ech, vu jidderengem de Mëtteg gesot ginn, dass et e glécklechen Zoufall oder dach awer Fügung war, dass déi Debatt haut op deem Dag stattfënt, wou dann traditionell d'Iechternacher Sprangpressessioun och stattfënt. Et hätt ee gradesou gutt kënne soen ... Et ass gradesou e glécklechen Zoufall, dass mer grad des Woch an eise Schoulen déi Aktionswoch „Lëtzebuerg (er)liewen“ – also Lëtzebuerg erliewen, Lëtzebuerg liewen – och gestart hunn, wat sech sécherlech net muss op d'Period tëschent dem 7. an dem 10. Juni limitéieren, well déi Initiativen, déi mer geholl hunn, och dokumentéiert sinn, wou och Unterrichtsmaterialien zur Verfügung gestallt ginn op dem Internetsite letzebuurgerliewen.lu, awer och op kulturgeschicht.lu, wou all Enseignant sech kann drun inspiréieren, vum Fondamental bis erop an de Secondaire, fir viles ronderëm eis Geschicht, eis Traditionen, eis Kulturgeschicht kënne an de Schoulen ze thematiséieren.

A grad esou ass et e ganz passenden Zoufall, dass mer och haut den Owend déi nächst Serie vun de Sproocheronne ronderëm eis Lëtzebuurger Sprooch starten. Dat um Belval an der Maison Terres Rouges, den Owend um 19.00 Auer, wou et eis wichteg ass, d'Diskussioun ronderëm d'Lëtzebuurger Sprooch mat de Leit ze féieren, déi sech wëlle fir d'Sprooch engagéieren, déi awer och vläicht Suergen hunn, Angscht hunn, Iddien hunn, wat mer alles kënne maachen, fir dass eis Sprooch weiderlief a weidergedroe gëtt, ëmmer nees un eng nei Generatioun. Et ass also e breede Consultationsprozess ronderëm d'Lëtzebuurger Sprooch an et ass och d'Basis oder een Element op jidde Fall, dass wichteg ass an der Erstellung vum Zwanzegjoresplang vun der Promotioun vun der Lëtzebuurger Sprooch.

A jo, et ass vun deem engen oder aneren hei gesot ginn, e wichteg Element vun eise Patrimoine immatériel ass natierlech eis Sprooch, virun allem, well mer se all Dag gebrauchen, all Dag liewen, well se en Deel vun eiser Gesellschaft ass a well mer scho mussen Efforte maachen, fir se un eng nächst Generatioun weiderzeginn.

An Efforten hu mer jo do gemaach, och um strukturelle Plang an der leschter Legislaturperiod, wat och e Resultat war vun deene Sproocheronnen, déi mer viru fënnf Joer haten. An do si mer zur Konkusioun komm, dass mer Instrumenter an och Ressourcë brauchen, fir wierklech méi systematesch d'Promotioun vun der Lëtzebuurger Sprooch kënne ze maachen. Den Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch ass geschafe ginn. D'Fonction vum Kommissär fir d'Lëtzebuurger Sprooch ass geschafe ginn, deen als Missioun huet, transversal op dem ganze Regierungsniveau ze kucken, d'Koordinatioun ze maachen tëscht ganz villen Initiativen, déi do lafen. De Mëtten hu mer zwee Ministèreen hei present an der Debatt. Mee wann et ëm d'Sproocheförderung geet, mengen ech, ass all Ministère iergendwéi och mat concernéiert an huet awer och d'Missioun, fir en nächsten Zwanzegjoresplang fir och d'Förderung vun der Lëtzebuurger Sprooch kënne auszeschaffen an dann d'Implementatioun dovunner ze assuréieren.

Ech wëll och do nach eng Kéier ënnersträichen, dass et richteg war a wichteg war, och zousätzlech

Ressourcen ze mobiliséieren an zousätzlech Strukturen ze schafe fir d'Promotioun vun der Lëtzebuurger Sprooch, ouni déi mer sécherlech dat eent oder dat anert net erreecht hätten. Esou schafft zum Beispill momentan den Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch un engem digitale Sproocherkennungsprogramm op Lëtzebuergesch, dee mer kënne duerno asetzen, fir och der Lëtzebuurger Sprooch iwwerhaupt hir Plaz am virtuelle Raum kënne ze ginn, fir do net ze riskéieren, dass d'Lëtzebuurger Sprooch do ofgehaange gëtt, well Applikatiounen wéi aner Sproocherkennungsprogramme eigentlech net kënne op Lëtzebuergesch méi fonctionéieren an domadder déi virtuell Welt eng Welt ouni d'Lëtzebuurger Sprooch gewiescht wär. Dat wär net gaangen ouni den Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch. Dat wär net gaangen, wa mer eis net déi Moyenen an déi Ambitiounen zesumme ginn hätten.

An natierlech ass et kloer, dass mer och an der Schoul musse kucken, wat mer maachen, wat mer nach mussen aneschtens maachen, wéi vläicht an de Generatiounen virduun, well mer virun allem haut eng Situatioun an der Schoul hunn, wou jo ganz vill Kanner an d'Schoul ginn, deenen hir Elteren net hei opgewuess sinn, net mat eise Patrimoine immatériel, mat eisen Traditionen a Kontakt komm sinn an déi selwer net esou kënne weiderverméttelen. Do huet d'Schoul eng aner Responsabilitéit. Ech gesi virun allem zwee Schoulfächer do. Dat eent ass e lëtzebuergesch Fach als Fach an dat anert ass awer och d'Fach Vie et société, well et do ëm d'Gesellschaft geet an eis Manéier, wéi mer zesumme liewen. Dozou gehéiert eeben och d'Gesellschaft beschreiwen a weiderginn, wéi se haut ass, mat eisen Traditionen an eise Bräich.

Ech si frou, dass mer bei der leschter Rentrée en neit Schoulfach konnten op der Quatrième am Enseignement secondaire général an am Classique ronderëm d'Lëtzebuurger Sprooch lancéieren, awer net nëmme d'Sprooch, och d'Kultur, och eis Traditionen, och eis Literatur, fir och do sécherzestellen, dass mer méiglechst breede Kategorië vu Schüler den Zougang zu eiser Kultur, zu eiser Sprooch, zu eiser Literatur an och zu eisen Traditionen ginn.

Mir hunn och ëmmer nees neit didaktescht Material entwéckelt, wat mer souwuel an de Secondaire wéi awer och an de Fondamental ginn. Woubäi ech déi Projeten ëmmer ganz besonnesch ënnerstëtzen, wou mer eigentlech net de Patrimoine immatériel oder och matériel national wëlle weiderginn, mee och de lokalen, de regionale Patrimoine soll do, differenziéiert natierlech no Regioun, thematiséiert ginn, fir dass och do, jee no deem, wou een opwiisst, een déi spezifesch Gebräicher eeben och do ganz besonnesch kenneléiert an do d'Geschicht ganz besonnesch kenneléiert a versteet, firwat déi Stad, déi Regioun, dass Duerf eigentlech esou fonctionéiert, wéi et fonctionéiert.

Vläicht nach ee Wuert zum Schoulfach Vie et société, well et eeben och dorëms geet an enger Gesellschaft, déi ee kann als eng hyper divers bezeichnen, an eng Rei vu Bildungsfuerscher maachen dat jo och ëmmer nees, virun allem d'Zesummeliewen ze féieren. An do ass et sécherlech esou, dass mer net nëmme kënne vermëttelen, dass de Patrimoine, dee mer zu Lëtzebuerg hunn, den immaterielle Patrimoine, dass dat just eis al Traditionen sinn, wéi se de Mëtteg eigentlech hei alleguere vu jidderengem ëmmer nees opgeléicht goufen – an ech denken, mir waren alleguerten zimmlech komplett, do gëtt et bal keng méi derbäizefügen –, mee et ass och mëttlerweil eng Tradition, dass mer dat weiderverméttelen, mee dass mer vill Leit, an ëmmer nees Generatiounen hunn, déi bei eis komm sinn an déi hir Geschicht an hir Tradition, heiansdo hir Sprooch an hir Siichtweis op d'Liewen och matbruecht hunn an dass do ëmmer nees eppes Neies draus entstanen ass. An dat, mengen ech, ass haut och e Stéck vun eiser Identitéit. An dat ass och e Stéck Patrimoine

immatériel, deen iwwer Generatiounen erugewuess ass. An déi Kompetenz, déi mer do entwéckelt hunn, déi gëllt et, grad esou weiderzeverméttelen.

Vläicht, Här President, een ofschléissend Wuert nach zur Uni.lu, déi sech och hirer Responsabilitéit an dem Domän bewosst ass, net nëmmen d'Universitéit vu Lëtzebuerg ze sinn, mee d'Universitéit fir Lëtzebuerg ze sinn an eeben och ze enseigner an ze fuerschen an deem doten Domän, wann et drëms geet ze wëssen, wie mer sinn an dat richteg ze dokumentéieren an och richteg un eng nächst Generatioun kënne weiderzeginn.

Ech si frou, dass den nächsten Hierscht en neie Bachelorprogramm un de Start geet. Dat ass eng Filière vun dem Bachelorprogramm fir europäesch Studien, wou et prioritär ëm d'Lëtzebuerg Sprooch geet, soudatt een net muss waarden, fir eréischt am Masterprogramm kënne Lëtzebuergesch op der Uni.lu ze studéieren, mee dat och no der Première direkt an engem Bachelorprogramm ka maachen, fir duerno an den Enseignement an d'Erwuessebildung oder och an d'akadeemesch Karriär kënne eranzegoen. Well mer brauchen och jonk Leit, déi zum Beispill déi Aarbecht weiderféieren, déi viru 15 Joer op der Uni. lu mam Institut für Luxemburgistik ugaange sinn a méttlerweil kompletéiert goufen. An ech si frou, dass d'Lydia Mutsch dat vum C<sup>2</sup>DH opgeworf huet, déi ganz vill Aarbecht maachen, fir ze dokumentéieren a fir ënner anerem och d'Gebräicher, d'Liewensgewunnechten ze dokumentéieren a fir se domadder zum Deel nach eng Kéier kënne ze verstoen a se zum Deel dokumentéiert ze halen, dass se net aus der Memoire verschwannen an natierlech iwwerhaupt emol d'Chance hunn, vläicht och dat eent oder dat anert un eng nächst Generatioun weider kënne ze ginn.

An aner flott an interessant Initiativen, där gëtt et och op der Uni.lu. Ech denken do zum Beispill un den éischte Lëtzebuerg Musekerlexikon, och do ass e Stéck Patrimoine immatériel vun eise Land erstallt ginn, dokumentéiert ginn, zesummen a kondensierter Form zesummegefaasst ginn, dee sécherlech och weider Aarbechten, och akadeemesch Aarbechten, dorobber wäert erlaben.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sinn ech frou, dass de Mëtten déi Debatt hei stattfonnt huet, mee sou wéi d'Sam Tanson, mengen ech, gesot huet a vill aner et gesot hunn, kann a muss d'Politik hiert derzou bäidroen, dass de Patrimoine immatériel erhale bleift, mee et ass finalement nach ëmmer eng Saach, dass all Eenzelnen, Biergerinnen a Bierger, all Eenzelnen hei am Land sech do och derzou bekennt an et mat weiderdréit, well ouni d'Mënschen am Land wäert et net goen. An duerfir mussen eis Ustrengungen eigentlech de Kontakt zu de Leit sichen. Eigentlech probéieren, d'Leit mat op de Wee ze huelen. An ech gleewen awer och fest dorunner, dass et déi Volontéit och bei ganz villen Awunnerinnen an Awunner hei am Land gëtt.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Educatiounsminister Claude Meisch. Parole après ministre fir den Här Georges Mischo.

**M. Georges Mischo** (CSV) | Jo. Merci, Här President. Ech wollt den Här Minister just eng Klengengkeet froen. Ech hu mech nämlech mat der Buergermeeschtesch vu Suessem ofgeschwat. Mir wëssen allen zwee net, wou d'Maison Terres Rouges um Belval soll sinn.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Am Volleksmond ass dat dat rout Gebai. Dat misst Der fannen.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci fir déi Präzisioun. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

### Motion 1

Mir kënne dese Punkt awer net definitiv ofschléissen, ouni zum Vott iwwert d'Motioun ze kommen, déi vun der ADR deposéiert ginn ass. Wie wëllt nach d'Wuert zu deser Motioun ergräifen? D'Madamm Djuna Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Jo. Merci, Här President. Bon, et gëtt schonn eng sëllege Museksrepertoire vun de verschidde Veräiner. An ech kann nëmmen der Madamm Kulturministesch Recht ginn, dass et net d'Aufgab vum Ministère ass, fir des zentralistes opzeschaffen an zur Verfügung ze stellen. An ech géif dowéinst da menger Fraktioun uroden, fir des Motioun net ze stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Bernard. Da wier et um Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech sinn och net der Meenung, dass et onbedéngt um Staat wär, fir nach eng weider Datesammlung an deem Beräich opzebauen, wann ee weess, dass de Conservatoire eng ganz extensiv Bibliothék huet, wou d'national Liddergutt u sech repertoriéiert ass mat Nouten, mat Partituren: Wann eng Musek et brauch, ka se do gären ..., also déi verschidde Conservatoiren, wuel gemierkt, net nëmmen deen an der Stad, mee och d'Conservatoiren zu Esch an zu Ettelbréck, dat ass dat eent. D'Nationalbibliothék des Weideren och. Ech ginn dervun aus, dass d'Archive-nationalen och nach iergendeppes hunn.

An da schlussendlech wëll ech awer eng Lanz brieden: Et gëtt e ganz schéint gratis Lidderbuch, wat et och digital gëtt, mat lëtzebuergeschem Patrimoine. An dat gëtt vun der ACEL editéiert. Et huet mech bal gewonnen, dass den Héichschoulminister Claude Meisch déi net erwänt huet. Mee wie sech also fir d'Liddergutt aus Lëtzebuerg interesséiert an do en handlecht Lidderbuch wëllt hunn, wou och de Patrimoine héichgehal gëtt, deem recommandéieren ech entweeder d'Bichelche vun der ACEL oder d'App, ...

(Hilarité)

... déi Lidderbuch heescht, déi ass dann och einfach an deene jeeweilegen App-Storen ze fannen. Mir wäerten dergéint stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. An ech ginn d'Wuert dann un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Merci och der ADR fir des Motioun. Ech muss soen, eis zwee war se spontan ganz sympathesch, well mer eis allen zwee dran erëmfonnt hunn. Mir hunn allen zwee scho méi oft no Lidder online gesicht, wann een déi wollt mat de Kanner sängen oder esou. An effektiv ass et net evident, déi esou ze fannen.

Effektiv hat ech dat Buch vun der ACEL, natierlech kennt all Mënsch dat, denken ech. Mee, bon, si ass eis sympathesch. Ech verstinn dat och, dass d'Ministesch seet, dass et net un der Regierung ass, dass ze maachen, dass een awer kéint esou Initiativen ënnerstëtzen.

Dofir, mir géifen eigentlech mat op de Wee goen, fir dat hei ze ënnerstëtzen. Och ënner enger anerer Form, wann et och nëmmen ass, fir eng Initiativ an déi Richtung ze ënnerstëtzen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An da wier et um honorabelen Här Georges Mischo.

**M. Georges Mischo** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech mengen, et gëtt schonn esou eng Plattform, déi heescht Sicom (veuillez lire: CEDOM). Do si schonn eng ganz Rei Lëtzebuerg Lidder repertoriéiert. En plus mengen ech, dass dat hei och eng riseg Diskussioun géif gi mat Droit-d'auteurs, fir déi dote Lidder dann op iergendeng Plattform ze stellen, wou ee se sech dat da kéint eroflueden respektiv ularschteren. Dofir géife mir op de Wee goen, déi net matzestëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mischo.

Ech mengen da kënne mer zum Vott iwwert des Motioun kommen.

### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An des Motioun ass mat 6 Jo-Stëmmen géint 54 Neestëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par M. Félix Eischen) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

## 10. Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser

Ier mer zum leschte Projet de loi vun haut kommen, géif ech dann d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser gi fir d'Presentatioun vun enger Motioun. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), auteur | Villmools merci, Här President. No där interessanter Diskussioun iwwert d'Kultur wollt mer e bëssen iwwer sozial Froe schwätzen a Form vun enger Motioun. Et ass an der Aktualitéit. Dir wësst, an Dir hutt et all matkritt, dass mer jo e ganz grouse Problem hu mat de Präisser op der Pompel, vun Diesel, Bensinn. A mir hu constatéiert, dass d'Regierung ënner grousem Drock op de Wee gaangen ass, fir dann eng Remise, zäitlech begrenzt, vu 7,5 Cent op deene Präisser ze ginn. A wat de Brennes ueget, ass dat am Abléck och op Enn Dezember beschränkt. Mir wäerten, wa mer iwwert déi Tripartitesgesetzter schwätzen, och doriwwer schwätzen.



Mee mir gesinn am Ausland awer ganz aner Moossnamen. Mir hunn elo eng Situatioun, wou an de Grenzgebidd, notament an Däitschland, d'Präisser däitlech ënner deem leien, wat zu Lëtzebuerg ass. Fir eis ass awer kloer, éischters: Den Tanktourismus ass eng Source de revenu am Staatsbudget, déi net negligeabel ass. Déi ass ganz grouss. An dofir muss ee sech d'Fro stellen, ob et och politesch, finanzpolitesch gutt ass, datt mer an esou eng Situatioun kommen.

Dat Zweet ass: Mir wëllen hei kloer soen, datt mir net mat der Regierung d'accord sinn, well déi sech offensichtlech doriwwer och nach fret, datt mer an där Situatioun sinn, well si da mengt, si kéint CO<sub>2</sub>-Reduktiounen a sou weider an op déi Manéier d'Klimaziler erreechen, woubäi d'Leit, zemools déi, déi um Land wunnen an déi wäit musse fueren, e reelle soziale Problem hunn, fir de Mount nach iergendwéi kënne finanziell ze packen. Dat ass einfach fir eis net ze erdroen. Dofir hätte mir gär eng ganz aner Approche. Amplaz hei vun Dreem, vun ekologeschen Dreem, déi souwisou an deem Fall net ubruecht sinn, ze schwätzen, wëlle mir e Mechanismus aféieren, deen einfach derfir suergt, datt d'Präisser zu Lëtzebuerg méi niddreg sinn, wéi deen niddregste Präis an den Nopeschlänner op der Pompel.

Wéi mer déi Diskussioun iwwert déi 7,5 Cent gefouert hunn – mir wäerte se och an deenen nächste Wochen nach féieren –, do huet d'Regierung selwer gesot, datt nach vill Spillraum bestanen hätt, fir op en europäesche Minimum bei der Taxatioun ze kommen. Wann eis Nopeschlänner dat kënne, notament am Interessi vun deene sozial schwache Leit, da musse mir dat och hei zu Lëtzebuerg kënne. An et ass do weinst, wou d'ADR seet: Mir kënne deen do System net viruféieren. Mir hätte gär eng däitlech Reduzéierung vun de Präisser op der Pompel. An dofir wëlle mer dës Motioun deponéieren.

### Motion 1

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

– d'Energiepräisser a besonnesch d'Präisser vum Bensinn, vum Diesel a vum Brennes während de vergaangenen zwee Joer a kuerzen Zäitofstänn ëmmer nei Rekordniveauen erreecht hunn, a sech keen Enn vun dëser Entwécklung undeit;

– datt de Krich an der Ukrain an d'Sanktiounspolitik géint iwwer Russland dës Dynamik nach eemol verschäerfen,

*ass sech bewusst, datt*

– d'Energiekäschte fir jiddereen, ganz besonnesch och fir déi sozial méi schwach Leit, licht finanzéierbar musse bleiwen;

– d'Kompetitivitéit vun eise Betriber muss integral erhalen bleiwen, inklusiv vun deene besonnesch energieintensive Betriber;

– déi Leit, déi um Land wunnen an/oder wéineg verdéngen, souwéi d'Transportbetriber besonnesch ënnert dëser Entwécklung leiden;

– déi aktuell Entwécklung och duerch den héijen Akafspräis um Weltmarkt beaflosst gëtt, mee datt d'Präisser un der Pompel den Ablack wäit iwwert dem Niveau wéi zu Zäite vun änlechen Akafspräisser an der Vergaangenheet leien;

– eis däitsch Noperen d'Steieren um Bensinn op den 1. Juni deementspreechend ëm 30 Cent/Liter an d'Steieren um Diesel ëm 17 Cent/Liter erofgesat hunn an och an aneren Nopeschlänner Moossnamen an deem Sënn geholl goufen;

– e Präisniveau vum Bensinn a vum Diesel iwwert deem vun eisen Nopeschlänner sech negativ op de Staatsbudget auswirkt,

*fuerdert d'Regierung op,*

– e Gesetzesprojekt op de Wee ze bréngen, fir e Präismechanismus ze etablieren, deen derfir suergt, datt d'Präisser fir déi verschidde Pétrolsproduiten zu Lëtzebuerg ëmmer ënnert dem bëllegste Präisniveau fir dee selwechte Produit an eisen Nopeschlänner läit.

(s.) *Fernand Kartheiser.*

Mir wëllen och, Här President, datt nach dës Woch doriwwer ofgestëmmt gëtt, well mir kréien elo déi Tripartitesdiskussiounen an deenen nächste Wochen. An dat hei geet normalerweis iwwer e Projet de loi an dofir muss deen och matzäit kënne agereecht ginn. Also ass dat hei an eisen Aen och en dréngende Problem.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser.

## 11. 7452 – Projet de loi sur la gestion et le recouvrement des avoirs saisis ou confisqués et modifiant :

**1<sup>o</sup> le Code pénal ;**

**2<sup>o</sup> le Code de procédure pénale ;**

**3<sup>o</sup> la loi modifiée du 5-15 septembre 1807 sur le privilège établi au profit du Trésor public pour le remboursement des frais de justice en matière criminelle, correctionnelle et de police ;**

**4<sup>o</sup> la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ;**

**5<sup>o</sup> la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de**

**– la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;**

**– la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;**

**– la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;**

**– la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;**

**– la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions et des cotisations d'assurance sociale ;**

**6<sup>o</sup> la loi modifiée du 25 mars 2020 instituant un système électronique central de recherche de données concernant des comptes de paiement et des comptes bancaires identifiés par un numéro IBAN et des coffres-forts tenus par des établissements de crédit au Luxembourg en vue de la transposition :**

**– de la décision 2007/845/JAI du Conseil du 6 décembre 2007 relative à la coopération entre les bureaux de recouvrement des avoirs des États membres en matière de dépitage et d'identification des produits du crime ou des autres biens en rapport avec le crime ;**

**– de certaines dispositions de la directive 2014/42 du Parlement européen et du Conseil du 3 avril 2014 concernant le gel et la confiscation des instruments et des produits du crime dans l'Union européenne ;**

**– de la directive (UE) 2019/1153 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 fixant les règles facilitant l'utilisation d'informations financières et d'une autre nature aux fins de la**

## prévention ou de la détection de certaines infractions pénales, ou des enquêtes ou des poursuites en la matière, et abrogeant la décision 2000/642/JAI du Conseil

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun de Mëtten, dem Projet de loi 7452, d'Transpositioun vun enger europäescher Direktiv iwwert de Confisquéierungsregimm. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. A prett fir de Rapport ass de Charles Margue, deem ech direkt d'Wuert géif ginn.

### Rapport de la Commission de la Justice

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi gesot, de leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut ass en technesche Gesetzesprojekt – jo, kompléziert, well et och eng komplex Matière ass. Mir hunn ofgemaach, dass mer awer de Basismodell huelen, quitte dass ech da vläicht am Rapport e wéineg méi extensiv sinn. Dat gesi mer, wann ech bis ukomm sinn. E wichtige Projet och am Kontext vum gesetzleche Kader vun eisem Rechtsstaat, mat Hibleck, op eis Finanzplaz an – et ass net dat éischt Gesetz – d'Visitt vum GAFI.

D'Ministesch ass och frou, en Donneschdeg an de Conseil vum JAI ze goen a kënne matzedelen, dass Lëtzebuerg an deem Dossier seng Hausaufgab gemaach huet. Eng Prozedur géint Lëtzebuerg leeft nämlech.

Mam Projet de loi 7452 vervollstännege mer d'Ëmsetzung vun der Direktiv 2014/42 vum 3. Abrëll 2014 „concernant le gel et la confiscation des instruments et des produits du crime“ an der Europäescher Unioun. Dës Direktiv war schonn Objet vun enger Transpositioun, an zwar vum Gesetz vum 1. August 2018, „portant modification de diverses dispositions en vue d'adapter le régime de confiscation“. Mee mer kruten e Bréif, den 11. Mäerz 2019, en Avis motivé vun der Europäescher Kommissioun, wou mer drop higewise goufen, dass hirer Analys no, Lëtzebuerg d'Direktiv just deelweis ëmgesat hätt, an dass mer nach net all eisen Obligatiounen nokéimen, dass mer am Fong missten nobesseren.

Wat d'Kommissioun konkreet an deem Avis opwerft, si folgend Punkten, déi net oder just onkomplett transposéiert goufen:

Et geet ëm den Artikel 8 Paragraf 7, wou et ëm d'Garantien an d'Rechter vun de Persoune geet, deenen hir Biene confiscéiert ginn. Wéi gesot, och déi Leit hu Rechter, wéi all Partei. An déi Persoune missten also vun hanner bis vir an der Confiscatiounsprozedur Recht op en Affekot hunn.

De selwechten Artikel Paragraf 10, wou et ëm d'Garantien an d'Rechter vun den Affer geet, fir Reparatioun an Entschiedegung ze kréien, trotz der Confiscatioun, reegelt, wéi gesot, déi Rechter och.

An den Artikel 9, do geet et ëm d'Moossnamen, déi ze huele sinn, nodeems eng Confiscatioun gesprach gouf, fir effektiv erauszefannen: Wou sinn déi Bienen dann, ëm déi et geet, effektiv, fir se da kënne anze-fréieren an ze confiscéieren.

An den Artikel 10 schlussendlech, wou et drëms geet, eventuell agefrueren a confiscéiert Bienen ze verkaufen oder ze transferéieren.

Dir héiert, et si Punkten, wou méi Rechter fir all d'Parteien virgesi sinn, a wat och e weesentleche Punkt ass: déi aktiv Gestoun vun deem confiscéierte Besët, deen net just agefruer a blockéiert soll ginn.

Fir deene Kritikpunkten entgéintzekommen, gouf de 27. Juni 2019 de Gesetzesprojekt 7452 vum

Justizminister Félix Braz deposiert, deen duerch zwou Serien Amendementer vum 2. August 2021 a vum 1. März dëst Joer ofgeännert gouf.

Mir hunn nogebessert. Mir hunn eng Propos gemaach a mir hunn nach zweemol Amendementer gemaach. Dir gesitt, et war Bedarf do fir ze diskutéieren, an dass mer eis kloer goufen an der Prozedur mat allen Institutionen, mat all den Avisen, déi mer kruten.

Et sief nach bemierkt, dass déi dräi Joer Aarbecht um Projet de loi natierlech och der sanitärer Situatioun gescholt waren – awer dat soll elo keng Excuse sinn! –, mee virun allem der Komplexitéit vun der Matière, besonnesch um Volet vun der Aféierung vun enger „enquête de patrimoine postsentencielle“, en neie Begrëff fir eng Partie vun eis heibannen.

De Staatsrot huet eis dann och mat enger ganzer Panoplie vun Oppositions formelles beglëckt, soudass den Text huet mussen intensiv iwwerschaft ginn.

Zum Inhalt elo. Fir op d’Kritik vun der Kommissioun anzegoen, gesäit de Projet de loi Follgendes vir:

Fir den Zougang zum Affekot fir Persounen, déi e Recht hunn op e Bien, deen ënnert d’Mainmise vun der Justiz komm ass, ze assuréieren, maache mer do eng entsprecheend Ännerung am Code de procédure pénale am Artikel 3-6 Paragraf 1.

Mir adaptéieren och de Regimm vun de Confiscatioun a féieren d’„confiscation de valeur“ an. Kuerz gesot geet et hei drëms, e Bien ze confiscéieren, net well en en rapport mat der Infirmité steet, am Kader vun där d’Confiscatioun geschwat gëtt, mee well de Bien der Valeur vum Produkt vun der Infirmité entsprécht.

Da schreift d’Direktiv de Memberstaate vir, dass Mesuren, wéi zum Beispill zentraliséiert Bureauen, anzesetze sinn, fir déi adequat Gestiouen vun den agefruerene Bienen ze assuréieren, en vue vun enger eventueller spéiderer definitiver Confiscatioun.

D’Memberstaate gi vun der Direktiv opgefuerdert, déi ekonomesch Gestiouen vun de saiséierte Bienen ze optimiséieren, wat och heescht, dass Bienen, déi kéinten u Wäert verléieren, verkaf oder transferéiert solle ginn, fir wa méiglech de Wäertverloscht ze verhënneren an deemno wéi d’Affer net ze leséieren. Wann eng confiscéiert Wuer u Wäert verléiert, da riskéiert schlussendlech d’Affer herno, wierklech ouni seng Schold zweemol déi berühmte Kaart ze kréien.

Well mir bis elo keng esou Strukturen hunn, ausser der Caisse de consignation, ginn déi, wéi gesot, elo geschaf respéktiv institutionaliséiert. Hei geet et ëm de „Bureau de gestion des avoirs“ esouwéi ëm de „Bureau de recouvrement des avoirs“, kuerz: de BGA an de BRA.

De Bureau de gestion des avoirs, deen dem Justizminister ënnerstellt ass, stellt am Sënn vum Artikel 10 vun der Direktiv de sougenannte „bureau centralisé“ duer. Mat dësem Gesetz schafe mer eng nei Struktur, fir déi mer en Direkter, en Adjoint an e puer Poste vu weidere Fonctionnaires aus deene verschiddenste Kategorie vun der Fonction publique virgesinn.

Dowéinst trëtt dëst Gesetz och eréischt dräi Méint no der Publikatioun a Kraaft, fir dass dee Rekrutement an déi Organisatioun kann um Terrain geschéien.

D’Missioun vum BGA bestinn haaptsächlech doranner, saiséiert Biene jeeglecher Natur wäerterhalend ze geréieren, sou wéi d’Direktiv et virgesäit. De BGA gëtt integréiert an d’Réseaux vun der europäescher an der internationaler Kooperatioun vun deene BGAen, déi et och an deenen anere Länner gëtt.

Mee vläicht gëtt et awer och emol heiansdo eng Wuer, déi nach net virgesinn ass oder wou nach keen d’Erfahrung gemaach huet, fir se ze geréiere, da kann

de BGA sech och Expertise vu Baussen huelen, fir seng Missiounen ze erfëllen. Dat kann eng privat Gesellschaft sinn oder et kann duerch Kooperatioun mat anere BGAen aus der Europäescher Unioun sinn.

De BGA steet an engem enke Kontakt, fir Informatiounen auszetauschen, mam Enregistrement, der Caisse de consignation an de Justizautoritéiten.

De BGA këmmert sech dann och ëm den Traitement vun den Donnéeën an zentraliséiert dës an engem Fichier, fir dass all d’Pièces vu Prozeduren an Decisiounen, Informatiounen iwwert d’Besëtzer an d’Lokalisatioun vun deene Bienen dra sinn.

Huele mer zum Beispill de Kontext vun enger Flagrance, da kann de BGA kuerzfristeg e Verkaf oder eng Destruktioun ordonnéieren. Wann et zum Beispill ëm verdierflech Wuer geet, da soll déi veräussert ginn, oder wann et ëm schiedlech, gëfteg Wuer geet, da muss déi eventuell zerstéiert ginn, och wann e Recours nach opsteet.

Dann hate mer an der Kommissioun eng länger Diskussioun, wat ee soll maachen, wa virtuell Avoiren am Spill si wéi Bitcoin oder aner virtuell Wäertungen, déi immens volatil sinn. Dat heescht, de Wäert vun der saiséierter Zomm ka gradesou schnell erop- wéi erofgoen. Mee wien ass da schlussendlech verantwortlech fir de Wäertverloscht?

Eng Optioun vun der Regierung war, dës virtuell Avoiren zum Dageskurs an Euroen ze konvertéieren an domat d’Fro vun der Verantwortung rechtlech ze klären, mee domat waren net all d’Members an der Kommissioun averstanen an och net de Staatsrot, deen op e méigleche Wäertverloscht higewisen huet. A wie wär da verantwortlech gewiescht?

Et war sou wéi de Moien op der Sprangpressessioun: Mir haten eng Iddi. Mir sinn drop zrëckkomm. Mir sinn erëm no vir gaangen. A schlussendlech hu mer via Amendement parlementaire decidéiert, dass mer déi initial Iddi géife prinzipiell bäibehalen, e spezielle Portefeuille bei der Caisse de consignation ze hannerleeën. Zousätzlech hu mer awer festgeluecht, dass wann eng vun deene Parteie géif ufroen, dass dës Avoire kéinten alienéiert, also konvertéiert, verkaaft ginn, wann de Risiko vun engem grouse Wäertverloscht bestéing.

Wéi gesot, nach méi Detailler zum BGA fannt Dir a mengem schrëftleche Rapport.

Wéi gesot, et gëtt och nach de BRA an dee fungéiert am Sënn vun der Decisioun 2007/845 vum JAI-Conseil vum 6. Dezember 2007. Do geet et drëm, e „bureau national de recouvrement des avoirs patrimoniaux“ ze schafen. Mir institutionaliséieren hei u sech just d’Aarbechten, déi bis elo vum Bureau de recouvrement des avoirs criminels gelescht ginn, deen dem Parquet aus der Stad ënnersteet.

Fir senge Missiounen nozekommen, déi sech aus der Direktiv erginn, mee och aus der Decisioun 2007/845 vum JAI-Conseil vum 6. Dezember 2007, kritt de BRA verschidde Prerogativen à l’instar vun deene vun der CRF.

De BRA ass dann och aleng zoustänneg um Lëtzebuerger Territoire fir d’Enquête de patrimoine postsentencielle. Dës gëtt an de Code de procédure pénale agefouert an ass do, fir no enger Verurteilung déi Biene vum Patrimoine ze identifizéieren, déi fir eng Confiscation vun der Valeur a Fro kommen. Esou eng Enquête postsentencielle ëmfaasst all Akten, déi gemaach ginn, fir dee Patrimoine, déi Bienen, déi solle confiscéiert ginn, ze detektéieren, ze depistéieren an duerno un de Lëtzebuerger Staat ze transféréieren.

Déi Enquête gëtt opgemaach vis-à-vis vum Verurteelten op Requête vum Procureur. Dogéint ass kee Recours méiglech. Eenzeg Aschränkung ass, dass de Procureur net sou wäit dierf goen, dass en d’Liewensgrondlag vun där betroffener Persoun géif a Fro stellen.

Mir haten dann och eng Abberzuel Avisen. Mir kruten 13 Avisa respéktiv Avis complémentaires zu dësem komplexe Gesetzesprojet, deen – wéi Der Iech kënnt virstellen – ganz kloer anescht aus der Prozedur erauskomm ass, wéi en eragaangen ass. Och dozou fannt Der den Detail am schrëftleche Rapport.

Ech wëll awer hei ausdrécklech jiddwerengem Merci soen, deen dorunner bedeelegt war, well do stécht vill Knachenaarbecht derhanner. Et war dat virun allem de Barreau aus der Stad, d’Cour supérieure de justice, d’Bezirksgeriicht aus der Stad, d’Parqueten aus der Stad a vun Dikrech, de Parquet général, de Cabinet vum Untersuchungsriichter aus der Stad, déi zéngte Kummer vun der Cour d’appel, d’Handelskummer a schlussendlech de Staatsrot mat engem Avis an zwee Avis complémentaires, déi zu gudder Lescht dëst Joer nach.

Mir hunn 2019, de 27. Juni, ugefaange mam Depot vun dësem Gesetz. De 17. Juli huet d’Justizkommissioun fir d’éischte Kéier derno gekuckt an de Rapport bestëmmt. Den 20. Dezember 2019 huet de Staatsrot eis säin Avis geschéckt. D’Aarbechte sinn um Niveau vun der Kommissioun weidergaangen, wou d’Regierung den 29. Juli 2021 eng Rei Amendementer abruecht huet, déi mer de 6. Oktober dunn ënnert d’Lupp geholl hunn, an de Staatsrot säin Avis complémentaire gemaach huet. Dunn, den 10. Mee dëst Joer, huet de Staatsrot säin zweeten a leschten Avis complémentaire formuléiert, dee mer den 18. Mee an der Kommissioun zur Kenntnis geholl hunn, wat eis erlaabt huet, den 1. Juni dëst Joer an der Kommissioun de Rapport unanime unzehuelen.

Ech froen och elo Är Zoustëmmung zu dësem Projet an ech ginn dann och an engem den Accord vun der grénger Fraktioun. Ech soen Iech Merci fir d’No-lauschteren.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** An ech soen dem Här Rapporteur Charles Margue villmools Merci a ginn d’Wuert direkt weider un deen éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Laurent Mosar.

**Discussion générale**

**M. Laurent Mosar (CSV) |** Jo. Mat engem grouse Merci fir d’éischt un de Président-rapporteur, fir d’Alleréischst fir seng exzellent schrëftlech a mündlech Rapporten, mee awer och fir seng Gedold, déi en hat, fir dee Projet ze diskutéieren. En huet et virun exzellent resuméiert: Et war laangootmeg, et war net ëmmer evident, mee finalement si mer awer zu engem gud-den Ofschluss komm. Duerfir och vu menger Plaz aus e grouse Merci.

Ech wëll och direkt soen, fir d’Spannung erauszehuelen: Mir wäerten natierlech eisen Accord zu deem Projet bréngen. Ech hätt awer zwou Remarken an eng Fro.

Déi éischt Remark – an de Rapporteur huet dat erkläert –: Mir hate länger Diskussiounen iwwert déi net traditionell Valeur-mobiliären. Do war ursprénglech – an de Rapporteur huet et gesot – eigentlech eng aner Léisung envisagéiert ginn. An ech sinn duerfir frou, well ech mengen, dass mir eigentlech déi éischt waren, déi eis awer e bëssen un där Léisung gestouss hunn. De Staatsrot ass dunn och op déi selwecht Positioun komm a schlussendlech hu mer do eng Formule fonnt,



déi, ech fannen, Madamm Minister, an déi richteg Richtung geet, datt eebe jiddwereen, deem seng Bit-coinen – wann ech déi mol kann huelen – consignéiert ginn, dann awer d'Méiglechkeet huet, à tout moment ze froen, datt do eventuell eng Vente ka virgeholl ginn, an dat net esou gemaach gëtt, wéi dat ursprénglech geplangt war. Dofir wollt ech dat nach eng Kéier hei ënnersträichen. Merci nach eng Kéier, datt mer déi dote pragmatesch a realistesch Léisung fonnt hunn.

Dann eng zweet Remark, eppes wat mer e bësselche feelt: Mir hu ganz vill exzellent Avisen zu deem Projet do erakritt. Den Aspekt Dateschutz feelt mer e bësselchen. An einzelnen Avisen ass et och ugeschnidde ginn. Mir hu leider hei net den Avis vun der CNPD ageholl. Et ass och elo ze spët. Ech weess awer, datt d'Madamm Justizminister och eng grouss Sensibilitéit fir de Volet Dateschutz huet.

Et muss ee vläicht elo eng Kéier kucken, wann déi nei Organismen do fonctionéieren, datt déi awer och a puncto Dateschutz wierklech konform sinn. Le cas échéant kënnen mer jo vläicht och do nach eng Kéier an der Kommissioun kucken, wéi dat herno an der Praxis ëmgesat gëtt.

Dann awer eng Fro: Mir stëmmen elo haut iwwer e Projet of, deen notamment och mat der Confiscatioun ze dinn huet, och mam Gel vun Avoiren. Deen trëtt dann awer, wéi de Rapporteur dat och richtegerweis ënnerstrach huet, eréischt an dräi Méint a Kraaft. Déi Fro, déi ech eigentlech wollt stellen, Madamm Minister – an dat weist sech vläicht och eréischt an dräi Méint –: Wat huet d'Entrée en vigueur vun dësem Gesetz elo fir praktesch Implikatiounen op déi ganz Sanktiounspolitik vun der Regierung, vun der Europäescher Unioun?

Mir haten do eng Rei Sitzungen, an deenen och ëmmer drop higewise ginn ass, datt et relativ schwéier wier, fir kënnen verschidden Objeten ze confiscéieren, och e Gel vun Avoiren ze maachen. Eigentlech preziséiert jo elo dat Gesetz déi Prozedur. Duerfir, wéi gesot, konkret d'Fro un d'Madamm Justizministesch: Ass si der Meenung, datt mer elo mat deem neie Gesetz dann an dräi Méint eventuell do kéinte méi wäit goen, wat d'Mise en vigueur vu gewëssene Sanktiounen betrëfft, oder gesitt Dir, datt a sech hei net ganz vill changéiert, trotz deem Gesetz, wat mer elo hei huelen? Dat ass déi Fro, déi ech nach wollt stellen.

Nach eng Kéier e ganz grouse Merci a wéi gesot: Mir ginn den Accord zu dësem Projet de loi.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. An d'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Carole Hartmann.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här President. Jo, bei dësem ganz technesche Projet de loi conforme méiere mer eis mat europäeschem Recht. Wat ganz wichteg ass, ass, dass mer hei de Leit och d'Recht ginn op en Affekot, dass mer domadder och hir Droits de la défense stäerken.

Ech wëll dovunner profitéieren, fir och de Beamten aus dem Justizministère Merci ze soen, déi eis, mengen ech, bei dësem méi schwéiere Projet och vill ënnerstëtzt hunn.

An als Demokratesch Partei gi mir natierlech eis Zoustëmmung zu dësem Text. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hartmann. An d'Wuert ass fir Är Nopesch, déi honorabel Madamm Cécile Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Jo. Merci villmools, Här President. Vu mir aus ass och net vill bäizefügen, ausser eeben och de grouse Merci un de Rapporteur

fir säi schrëftlechen an dee ganz verständleche mëndleche Rapport, wat eis d'Saach natierlech einfach gemaach huet, soudass mer wierklech guer näischt méi bäizefügen hunn. Merci duerfir. A mir gi selbstverständlech eisen Accord vun der LSAP-Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hemmen. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo. Villmools merci. Och vun eiser Säit aus e grouse Merci un den Här Margue. Et ass wierklech alles gesot. Ech mengen, d'Madamm Hemmen huet dat wonnerbar resuméiert. Deem kënnen mir eis uschlëssen a mir ginn den Accord vun der ADR. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo. Merci och dem Rapporteur vun dësem Gesetz. De Projet de loi, deen haut gestëmmt gëtt, viséiert haaptsächlech, wéi Der wësst, eng vollstänneg Transpositioun vun der Direktiv 2014/42 an dat geschitt awer mat engem klenge Retard vun e puer Joer. D'Europäesch Kommissioun huet nämlech den 11. März 2019 an engem Avis motivé festgehalen, dass Lëtzebuerg nëmme deelweis déi erwänter Direktiv ëmgesat huet. Den 22. März 2022 gouf souguer e Recours en manquement bei der Cour de justice agereecht.

De Recours baséiert ënner anerem dorop, dass zu Lëtzebuerg momentan keng legal Basis fir eng Enquête de patrimoine postsentencielle existéiert. Den Artikel 9 vun der erwänter Direktiv fuerdert nämlech d'Memberstaaten op, dass een Enquêtes iwwert d'Vermögenswäerter vun enger verurteelter Persoun kann autoriséieren, falls sech dës fir eng effektiv Ausföhrung vun enger Décision de confiscation als noutwendig erweist.

D'Enquête de patrimoine postsentencielle stellt also en Instrument duer, wat erlabe soll, aner Vermögenswäerter ze detektéieren, wann zum Beispill d'Vermögenswäerter, fir déi een definitiivt Urteel existéiert, net confiscéiert konnte ginn, well se net entdeckt goufen.

D'Deteksioun vun anere Vermögenswäerter erlaabt dann, eng Confiscation de valeur ze maachen, wat näischt aneres ass – et gouf scho gesot – wéi eng Confiscation vun engem Bien mat gläicher Valeur.

Et geet also hei och drëms, en effektiviit Mëttel dogéint ze hunn, wann zum Beispill déi concernéiert Persoun probéiert, Vermögenswäerter, déi confiscéiert solle ginn, op iergendeng Aart a Weis verschwannen ze loossen. D'Madamm Tanson sot 2018 treffend als Rapportrice, dass d'Objektiv vun esou Dispositiounen dat wier, de komplexe kriminelle finanztechnesche Mëttel op eng effikass Aart a Weis entgéintzewierken.

Laut den zoustännegen Acteuren erschéiert déi feelend legal Basis et nämlech och, op Ufroen am Kader vun enger Entraide judiciaire ze reagéieren, well si zum Beispill net mat de Banken iwwerpräiwe kënnen, ob eng Persoun e Kont hält.

E weidere Punkt vum Projet de loi ass d'Kreatioun vun engem Bureau de gestion des avoirs – kuerz: BGA – an engem Bureau de recouvrement des avoirs – kuerz: BRA.

E puer Wieder just zum BRA, deem seng Haaptaufgabe virun allem an der Detektioun an an dem Depistage vu Vermögenswäerter am Hëllef op hir Saisie oder hir Confiscatioun bestoe wäerten. A mir schwätzen hei vun Aufgaben, déi och am Kontext vun der internationaler Zesummenaarbecht wichteg sinn, zum Beispill wann een drun denkt, dass Fonge schnell

international transferéiert kënnen ginn an esou och hei zu Lëtzebuerg lande kënnen. Et verstee sech, dass déi zoustänneg Acteuren also iwwer effikass Moyene verfüge mussen, fir hiren Aufgabe gerecht ze ginn.

Bis elo schéngt et, wéi wann déi wirtschaftlech a finanziell Sektoren vum Parquet vum Arrondissement judiciaire zu Lëtzebuerg fir dës Aufgab zoustänneg wier. Laut engem Artikel an der „Luxembourg Times“ besteet hei allerdéngs zurzäit eng zimmlech Ennerbesetzung, déi et schwéier virstellbar mécht, dass en och bei engem gréisseren Asaz senger Missioun gerecht ka ginn. Am Moment, sou schéngt et, gëtt et eng hallef Persoun, déi beim Parquet doru schafft, och wann déi vun der Police ënnerstëtzt gëtt. Treffend steet dann och am Artikel, dass d'Vitess, an där de Finanzsektor zu Lëtzebuerg wësst, net déi selwecht ass wéi déi vun de Moyenen, fir d'Finanzkriminalitéit unzegoen.

Obwuel Lëtzebuerg no den USA déi zweetgréisste Fongplaz op der Welt ass, feelt et hei dramatesch u Ressourcen, fir d'Finanzkriminalitéit ze bekämpfen. Hei si mer dann och nees bei der Fro vum politesche Wëllen. Laut dem Parquet ass momentan och net gewosst, wat déi genee Zuel vun den neie Mataarbechter fir ënner anerem ënnert dem BRA ze schaffen, wäert sinn.

Wann ee bedenkt, dass zum Beispill de „Rapport 2020 sur l'état du droit“ vun der Commission européenne iwwer Lëtzebuerg ënnersträicht, dass – Zitat –: „En ce qui concerne les ressources du ministère public, des pénuries ont été signalées au cours de l'année écoulée“, da bleift hei leider e gewëssenen Zweifel, wat d'Zesummesetzung an och d'Effikassitéit virun allem vum BRA schlussendlech wäert sinn.

Während mir also d'Erweiderunge vun den Instrumenten, déi der Justiz hei zur Verfügung gestallt ginn, begrëssen, bleiwe mer trotzdem an enger gewëssener Skepsis, ob ënner anerem d'Effikassitéit herno wierklech wäert gi sinn.

Nëmmen wann déi relevant Acteuren och iwwert déi néideg Moyene verfügen, an dat implizéiert natierlech och genuch Personal mat deem entspreche Fachwëssen, kënnen si och effektiv schaffen.

Mee dat gesot, gi mir natierlech eisen Accord zu dësem Projet de loi. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Rapporteur fir dee gudden an ausföerleche Rapport, soudass ech mech just nach op déi virtuell Kryptoe konzentréiere wäert. Ech mengen, Dir hutt et erwaart. Ech hat an der Kommissioun jo schonn deemools ganz fréi ubruecht, wéi de Projet virgestallt ginn ass, dass déi deemoleg Iddi, fir direkt ze verkafe, net déi richteg war.

An dass mer elo op de Wee ginn, fir ze soen: Mir halen allegueren déi virtuell Wärgen, d'Kryptoen, a mir maachen e Wallet, deen de Staat dann herno och selwer verwalte kann iwwert de BGA, a ginn eis awer och d'Méiglechkeet, extern Operateuren nach derbäi ze huelen, sollt dat wierklech gebraucht ginn. Well et muss ee wëssen: Dat Theema ass esou komplex, dass de Staat herno net eleng wäert kënnen dat Ganz verwalten, dat deenen eenzelne Wallets. Et ass en interessant Theema. Ech hat nämlech dem Här Kox schonn eng Vielzahl u Question-parlementaire gestallt, wéi dann d'Wallets iwwerhaupt beim Staat organiséiert sinn. Well dat ass e komplex Theema an de Staat geet jo eigentlech hin an e seet: „D'Kryptoe sinn eppes Guddes beziéungsweis eppes Legales!“, dee Moment wou e selwer esou Wallets erstellt. Dat ass nämlech déi Fro, déi derhannert steet.

Wann de Staat nämlech elo higeet an e seet dem BGA: „Dat ass alles ok mat deene Kryptoen, dat ass esou, wéi et soll sinn“, da seet en automatesch och: „Ok. Et ass eng gewëssen Akzeptanz do.“ Dat ass nämlech haut den éischte Schrëtt, deen de Staat mécht, fir an déi Richtung ze goen.

Dofir ass dëse Gesetzesprojet immens interessant an där Optik. Et dierf ee virun allem jo och ni vergiesen: Et hätt jo och emol eng Kéier kënne virkommen, dass een aus Versehen oder duerch e falsche Verdacht seng Kryptoe confiscéiert kritt hätt an da wäre se direkt verkaf ginn an da wär de Schued do gewiescht, well et ass virun ugeklongen: Déi sinn immens volatil an dofir muss een do dee richteg Moment fannen.

A mir Piraten konnten eis dunn och, nodeems mer an der Kommissioun e puer Diskussiounen haten an déi Richtung, mat dëser Léisung ufrënnen, dass de BGA mat qualifizéierter Leit dat herno wäert verwalten, an awer och d'Méiglechkeet besteet, dass fir deen, deem déi Krypto gehéieren, obwuel se beschlaagnaamt sinn, de richtige Punkt ka fonnt ginn, fir déi herno an eng al Fiatwährung, also Euro, Dollar oder soss iergendeppes, ëmzewandelen. Dofir ass et immens wichteg, dass dat nach eng Kéier geännert gouf. Et ass och dee Punkt, wou mer konnte soen: Mir ginn eis Zoustëmmung zu dësem Gesetz.

Dann nach een e bësse méi klenge Kritikpunkt, wou mer éischter aus moralesche Grënn net esou averstane sinn. Ech hat der Ministesch dat och an der éischter Kommissioun gesot. Dat ass, dass d'Déieren och als Valeur géifen traitéiert ginn, wou mir der Meenung sinn, dass dat net soll de Fall sinn. Virun allem wann Déiere confiscéiert ginn an déi gi versteigert, soll et net no Präis goen, mee dono, wou se dat beschéit Liewe kënnen duerno hunn, an net onbedéngt, fir déi gréisste Valeur draus ze maachen. Dat ass e klenge Bemoll am Projet, mee mir wäerten awer trotzdem dëse Projet matstëmmen, well eeben dat mat de Kryptowährungen esou geännert ginn ass, dass een dat och zefriddestellend haut hei ka presentéieren.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Jo. Merci, Här President. A virun allem e grouse Merci un de Rapportier fir säin ausféierleche Rapport an och déi gutt Diskussioun, déi mer an der Chamberskommissioun haten, wat mir et elo erlaabt, mech och ganz kuerz ze faassen, well et ass scho ganz vill gesot.

Ech ginn dann och vläicht just op déi Froen an, déi ech elo gestallt krut. Ech fänke vläicht hanne beim – oder Remarken, kritesch Remarken – Här Goergen un. Also wa mer de Code civil eng Kéier änneren an och do eng speziell Kategorie fir d'Déieren aféieren, da kann een iwwer alles diskutéieren. Do si mer elo net. Dat heescht, en Déier – an dat huet näischt mam Bien-être vum Déier ze dinn, dat gëtt iwwer en anert Gesetz vun 2018, mengen ech, gereegelt – ass nun emol e Bien. Voilà. An an deem Cas de figure ...

*(Interruption)*

... kann et eeben ... Jo, mee et ass awer ... Dir sidd vläicht net där Meenung, Här Goergen, mee dat ass awer dat, wat eis Rechtslag den Ament hiergëtt. Dat empêchéiert awer absolut net – natierlech net! –,

dass en Déier muss gutt traitéiert ginn, an dat gëtt jo och hei elo net a Fro gestallt.

Bon, zum Aspekt vum Personal, deen d'Madamm Oberweis opgeworf huet: Mir müssen elo oppassen, dass mer net alles matenee vermëschen. Hei geet et wierklech ëm de BGA. Beim Staat ass et esou, dass eng Kommissioun d'Personalposte festleet, déi fir all Joer zu all Ministère gehéiert ginn. Dat heescht, mir hunn hei just déi Fonction dirigeante drageschriwwen, den Direkter. Den Directeur adjoint an déi aner Fonctionnaires, déi derbäikommen, dat ass dann eng Verhandlungssaach, wou mer déi müssen ala fur et à mesure ufroen, wou de Besoin besteet. Den Direkteschposten ass allerdéngs elo schonn ausgeschriwwen. Ech hat jo do den Accord vun der Kommissioun, dass mer dat géife virum Vott scho lancéieren, fir esou séier wéi méiglech weiderzekommen.

Dann, Här Mosar, sinn ech awer e bësse erstaunt iwwer Är Fro. Ech weess, dass am Kontext vun de Sanktionsmechanismen ..., wat de Konflikt oder de Krich an der Ukrain ubelaangt, vill driwwer diskutéiert gëtt an d'Termen e bësse matenee vermëscht ginn. Da gëtt vu Saisie geschwat, vu Confiscatioun. Et ass e Gel! An ech géif Iech just bidden, nach eng Kéier den Artikel 3 vum Gesetz, wat dann elo haut gestëmmt gëtt, ze kucken. Do sinn d'Missioune definéiert, wou de BGA aktiv ass, an dat ass bei Procédure-pénallen.

Mesures restrictives am Finanzberäich spillen net ..., et ass net eng Sanction, eng Procédure pénale. Dat ass jo déi Differenz, déi mer déi ganz Zäit probéiere kloerzestellen. Do ass eeben am Moment d'Gesetzeslag déi ..., an och op europäeschem Niveau ass et – well do lafen Diskussiounen, Dir wësst dat – esou, dass déi Lëscht gemaach ginn an dass dann de Staat muss kucken, Meldunge kritt vu Leit, déi da géifen ënnert déi Mesurë falen. A jiddwereen ass zoustänneg, dass eeben déi Biene geléiert gi vun deene Leit, déi dodrënner falen. Dat ass keng Confiscatioun. Dat ass keng Saisie. Dat heescht, de BGA fällt net ënnert deen dote Cas de figure.

Wann elo eng Kéier d'Rechtslag evoluéiert – an ech hunn Iech jo scho gesot, dass op europäeschem Niveau ganz haart iwwer verschidde Saachen nogeduecht gëtt –, da kéint et natierlech virkommen, wa mer dann an enger penaler Situatioun wäeren, dass dann och de BGA kéint kompetent ginn. Mee Stand haut ass dat elo net de Fall, well et eng Institutioun ass, déi reng a stroferechtliche Situatiounen spillt.

Ech si mer awer bewosst, dass och an der Lescht an de Wordingen d'Terminologien heiansdo matenee vermëscht gi sinn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Ministesch. Parole après ministre fir den Här Laurent Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci. Merci, Madamm Justizminister. Ech mengen, hei geet et jo ëm dee Fall ... an ech ka mech elo net méi genau un den Detail vun eisen Diskussiounen erënnere, déi mer haten, wou vill Ministeren deemools och an der zoustänneger Kommissioun waren. Hei gi jo am Prinzip am Kader vun de Sanktiounen oder Denonciatiounen gemaach. Denonciatiounen kënne vum Finanzministère gemaach ginn un de Parquet, kënnen awer eventuell och vun de Profession-règlementéeën – wann ech do déi Professioun huelen, där ech nach ëmmer ugehéieren – gemaach gin. An dat si jo awer Denonciatiounen, déi ginn un de Parquet an do stellt sech d'Fro – an dofir hunn ech d'Fro opgeworf –, ob eventuell an deene Prozeduren, wou elo esou eng Denonciatioun kënnt, dëst Gesetz eventuell eppes ännert. Dat war eigentlech meng Fro.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Wuert geet zrëck un d'Madamm Ministesch.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Jo, merci. D'Gesetz ännert natierlech näischt un de Prozeduren. D'Gesetz ass do, fir eng Institutioun anzeféieren, déi d'Gestioun vun deene saiséierten a confiscéierten Avoiren mécht. Dir hutt jo selwer d'Beispill vun de Bitcoins genannt, mee do kann ee sech natierlech och ganz aner Biene virstellen. Dat heescht, an deem dote Cas de figure si mer jo dann an enger Procédure pénale. Do spillt dann den normalen ... Wann dann eppes duerch déi Procédure pénale saiséiert, confiscéiert géif ginn, da géif de BGA an d'Spill kommen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Justizministesch Sam Tanson.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7452. Den Text steet am Document parlementaire 7452<sup>12</sup>.

Et hu sech Erreurs matérielles an den Text vum Projet de loi ageschlaach. Am Artikel 18 sinn zwee Kommaen, déi hätte solle geläscht ginn, déi awer duerch eng falsch Manipulatioun nach do stinn. De Staatsrot ass iwwert dës Ännerungen a Kenntnis gesat ginn. Mir stëmmen also elo iwwert den ofgeännerten Text of.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7452 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo bei de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtteg um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 17.41 heures.)*



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 46

M. Fernand Etgen, Président

### 2. Interpellation de Mme Myriam Cecchetti au sujet des inégalités scolaires ..... p. 46

Exposé : Mme Myriam Cecchetti (dépôt des motions 1 à 4)

Débat : Mme Martine Hansen (dépôt des motions 5 à 7) | M. Claude Lamberty (intervention de M. Sven Clement) | Mme Francine Closener | Mme Josée Lorsché | M. Fred Keup (interventions de M. Dan Kersch, M. Sven Clement, M. Marc Goergen et Mme Josée Lorsché) | M. Sven Clement (interventions de M. Fred Keup, M. Fernand Kartheiser et M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse)

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Myriam Cecchetti (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Meisch

Motion 1 : M. Claude Lamberty | Mme Martine Hansen | M. Sven Clement

Vote sur la motion 1 (rejetée)

Motion 2 : M. Claude Lamberty | Mme Martine Hansen | M. Fred Keup | M. Sven Clement | Mme Myriam Cecchetti | M. Claude Lamberty (intervention de Mme Martine Hansen)

Vote sur la motion 2 modifiée (rejetée)

Motion 3 : M. Claude Lamberty | M. Fred Keup | Mme Martine Hansen | M. Sven Clement | Mme Myriam Cecchetti

Vote sur la motion 3 (rejetée)

Motion 4 : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Martine Hansen | M. Fred Keup

Vote sur la motion 4 (rejetée)

Vote sur la motion 5 (rejetée)

Motion 6 : M. Claude Lamberty | Mme Martine Hansen | M. Fred Keup

Vote sur la motion 6 (rejetée)

Motion 7 : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Martine Hansen | M. Sven Clement | M. le Ministre Claude Meisch

Vote sur la motion 7 (rejetée)

### 3. Motion de Mme Martine Hansen relative à l'introduction d'une prime pour les apprentis sous le « régime concomitant » ..... p. 68

Exposé : Mme Martine Hansen

Discussion générale : M. Gilles Baum | Mme Myriam Cecchetti (intervention de M. Gilles Baum) | M. Yves Cruchten | Mme Martine Hansen

Vote sur la motion (rejetée)

### 4. Interpellation de Mme Stéphanie Empain au sujet des perspectives du secteur touristique au Luxembourg face à la pandémie du Covid-19 ..... p. 70

Exposé : Mme Stéphanie Empain

Débat : M. Félix Eischen | Mme Carole Hartmann (intervention de M. Gusti Graas) | Mme Tess Burton | M. Jeff Engelen (interventions de M. Mars Di Bartolomeo) | Mme Myriam Cecchetti (interventions de M. Lex Delles, Ministre du Tourisme) | M. Marc Goergen (interventions de M. André Bauler et M. Mars Di Bartolomeo)

Prise de position du Gouvernement : M. Lex Delles, Ministre du Tourisme (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et M. André Bauler) | M. Léon Gloden (parole après ministre)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Claude Meisch et M. Lex Delles, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Nee, Här President.

## 2. Interpellation de Mme Myriam Cecchetti au sujet des inégalités scolaires

**M. Fernand Etgen**, Président | Den éischte Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass d'Interpellatioun vun der honorabeler Madamm Myriam Cecchetti iwwert d'Inégalitëten an de Schoulen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schon ageschriwwen: d'Madamm Martine Hansen, den Här Claude Lamberty, d'Madamm Francine Closener, d'Madamm Josée Lorsché an den Här Fred Keup.

An d'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk), interpellatrice | Merci. Här President, sämtlech Rapporten an Evaluatiounen vum Lëtzebuerger Schoulssystem, déi opzedreiw sinn, soen dat selwecht aus: Déi gesellschaftlech Ongläichheete spigelen sech an der éffentlecher Schoul erëm, a keng politesch Reform huet et bis elo fäerdegbruecht, d'Reproduktioun vun dësen Ongläichheeten ze stoppen.

Och wann tëschent 1970 an haut viles geschitt ass, den historesche Kontext an d'Erausforderunge fir

d'Gesellschaft an d'Politik evoluéiert hunn, bleift et bei dëser Bestännegkeet. Soulaang d'Gesellschaft vu strukturellen Ongläichheete gepräagt ass, bleift d'Schoul net dovunner verschount. Soulaang d'Schoul dës strukturell Ongläichheeten an hirem System widerhëlt, bleiwe sozial Ongerechtegkeeten a schoulesch Inegalitëten bestoen.

Här President, den Opdrag vun der éffentlecher Bildung kann et net sinn, en ongerechte sozialen Uerden oprechtzuerhalen, esou wéi mir dat am meritokratesche System gewinnt sinn. Villméi misst déi éffentlech Bildung déi dreiwend Kraaft vun der Demokratie an der Emanzipatioun sinn.

Esou en demokratesche Bildungsofdrag riicht sech da virun allem un déi Schüler, déi aus engem schwache soziale Milieu kommen, wou d'Elteren net vill verdéngen an och keng grouss Schoule gemaach hunn; déi Schüler also, déi d'Reussite scolaire net mat an d'Wéi geluecht kruten. Déi Schüler/innen hunn net déi selwecht Chancen, fir gutt duerch d'Schoul ze kommen. Dat weisen d'MAGRIP-Studie souwéi déi rezent Bildungsberichte. Mir mussen also kucken, dass d'Bildungschancë gerecht verdeelt ginn. Dofir brauche mir e gerechte Schoulssystem.

Gläichzäiteg geet et och dorëms, dass jiddwereen, deen zu Lëtzebuerg an d'Schoul geet, fräi kann entscheeden, opgrond vu senger Präferenzen an net just senger Kompetenzen, a wéi eng schoulesch a berufflech Lafbunn e sech wëllt orientéieren.

D'Diere vun der schoulescher Orientéierung mussen esou breet wéi méiglech opgemaach ginn. Eng zouen Dier fir eng aner Ausbildung, zum Beispill wann ee sech ëmorientéiere wëllt oder wann ee soi-disant d'„Kompetenzen“ derfir net hätt, suergt fir vill Frust ënnert de Schüler/innen. 96 % vun de Schüler/innen, déi 2021 d'Schoul un den Noll gehaangen hunn, hunn uginn, dass se dat gemaach hunn, well hinnen

hir Filière an hir Ausbildung net gefall huet. Dat ass de meeschtgenannte Grond fir den Décrochage scolaire. Et léisst sech iwwert déi dräi lescht Joer schätzen, dass alljoers 500 bis 600 Schüler/innen ënner 18 Joer d'Schoul opginn. Dat deit kloer op en Echec vun eise Schoulssystem hin.

Här President, d'effentlech Schoul bitt ville Jonke keng sécher Perspektiv op eng Aarbechtsplaz méi. Dat ass e grave Problem an dee gëllt virun allem fir d'Schüler/innen aus der Formation professionnelle. D'Schüler/innen am Parcours vun der Formation professionnelle gehéiere majoritär zu de Schouloffbriecher.

De Manktum u Léierplaze steet un zweeter Plaz vun den Ursaache fir de Schouloffbroch. 15 % vun den Diplomierten aus der Formation professionnelle fanne keng Aarbecht. Dat geet aus der leschter Etüd „Transition École – Vie Active“ ervir.

Och fir Jonker, déi frësch vun der Uni kommen, ass d'Aussicht op eng Aarbechtsplaz ëmmer méi geréng. Am Joer 2019 waren ëmmerhin 22 % vun de Jonke mat engem Unisdiplom op der Sich no enger Aarbecht.

Här President, Schouloffbroch, Jugendchômage an ëmmer méi Jugendaarmut sinn eng Realitéit an eise Land. Soulaang déi onsiichtbar Hand vum fräie Marché den Aarbechtsmarché strukturéiert, gëtt et an Zukunft ëmmer méi schwierig fir déi jonk Leit, eng Aarbecht ze fannen, notament wann hir Ausbildung den Exigence vun dësem Marché net méi entsprécht.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk), interpellatrice | D'Fro ass awer: Wien decidéiert, wat d'Beruffer vun der Zukunft solle sinn? De Marché entscheet, wat d'Beruffer vun der Zukunft solle sinn! D'Schüler/inne gi just ausgebild, fir de Marché ze fidderen. Déi nei Optioun

N – N fir Finanzen, Entrepreneuriat a Marketing (ndlr: Section Entrepreneuriat, Finance et Marketing) –, déi am Secondaire classique agefouert gëtt, steet stellvertredend derfir. Dobäi kéinten déi jonk Leit matbestëmmen, wat d'Beruff vum der Zukunft sinn! De Staat kann nei Aarbechtsperspektive schafen an d'ëffentlech Schoul kéint doran eng Virreideroll spillen, fréi vun ekonomeschem Drock an arbiträre Calculer.

D'Employabilitéit vun de Schüler/innen ass ganz sécher e wichtege Krittär! D'Schoul huet awer nach e ganz anere Bildungsoftrag, nämlech deen, all Schüler/in dozou ze befäegen, zesummenhäng ze verstoen, matzedanken, sech auszureden, matzegestalten. Just esou kann et zu engem Paradigmewissel an eiser Gesellschaft kommen. Da kann et och zu enger reeller Matbestëmmung kommen, well eis Schüler/innen zu mëndege Bierger gi sinn.

Här President, et geet net drëms, ze wëssen, wéi eng Aktivitéiten am rentabelste sinn, mee wat mir an Zukunft un Aktivitéiten an Aarbechte brauchen, fir dass eis Gesellschaft ka funktionéieren, virun allem am Kontext vum Klimawandel. Handwierker brauche mir zum Beispill ëmmer. Ech ka mir keng Gesellschaft ouni Handwierker virstellen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk), interpellatrice | Och am digitalen Zäitalter brauche mir Leit, déi eng Stéchsee kënnen an de Grapp huelen, den Daach flécken, Haiser bauen, de Waasserschued reparéieren a villes méi.

**Une voix** | An en Nol riicht akklappen.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk), interpellatrice | Paradoxerweis steet awer d'Handwierk u leschter Stell an eise pyramidale Schoulssystem. D'Formation professionnelle ass weiderhin an Ofstellgleis fir Schüler/innen, déi et net bis an den Enseignement général oder de classique packen.

Här President, d'Recht op eng ëffentlech zougänglech Bildung, d'Demokratiséierung vun der Schoul duerch d'Obligation scolaire, all dat si politesch Diskussiounen an Ziler, déi scho Joerzéngten zrëckleien. Dës Ambitiounen ginn haut net méi duer. Haut dierf jiddwereen an d'Schoul goen, wat nach laang net heescht, dass jiddwereen an der Schoul eng Ausbildung kritt, déi em herno am Liewen déi selwecht Chance bitt. Dorunner ännert och eng Verlängerung vum Schoufflichtalter näischt. Wat zielt, ass, dass no der Schoul genuch Méiglechkeete bestinn, fir dat, wat ee geléiert huet, och kënnen unzewinnen am Kader vun enger anstänneger Aarbechtspolz!

Haut muss d'Politik sech als Zil ginn, déi gesellschaftlech wéi och déi schoulesch Inegalitéiten ze bekämpfen. Haut brauche mir eng staark ëffentlech Schoul, déi der sozialer Realitéit entsprécht.

De leschte Bildungsbericht weist ganz kloer, dass d'Ongläichheete vun der schoulescher Leeschtung net verschwonne sinn. D'Facteuren, déi dës Ongläichheeten ausmaachen, sinn engersäits an der Gesellschaft an anerersäits am Schoulssystem selwer verankert. Sozial, ekonomesch a kulturell Facteuren wéi d'Sprooch, d'Klassenugehéieregkeet, den Gender an déi national Originn schafe Spaltungen ënnert de Schüler/innen an determinéieren ganz staark hir Zukunftschancen. Eise Schoulssystem mat senge Strukturen, senge Reegelen reproduzéiert dës gesellschaftlech Spaltungen a verschäerft se souguer nach.

Här President, d'Zuelen aus dem leschten nationale Bildungsrapport, déi déi schoulesch Ongläichheete beleeden, stinn an der Kontinuitéit mat deenen aus de Jore virun. Dem Minister Meisch seng selleg Reformen hu grondsätzlech näischt un der fundamentaler

Ongerechtegkeet vun eise Schoulssystem geännert! D'Schoulpolitik ass déi vum Status quo. Et gëtt et puer Hiewelen, déi ee misst zéien, fir de Schoulssystem fundamental kënnen ze änneren.

Konkreet bedeit dat, dass bei de Kanner am ganz jonken Alter am meeschten investéiert muss ginn an am meeschten ze maachen ass, fir d'Weichen op de richtige Wee ze stellen – mir brauchen eng Opwärtung vun der Tâche vum Titulaire um Terrain a grad an deenen ënneschte Cyclé missten déi kompetentste Leit agestallt ginn –, dass d'Exigence vun der Méisproochegkeet mussen iwwerschaft ginn. Ëmmerhin hunn déi meeschte Schüler/inne mat Migrationshannergrond Kenntniser a fënnf Sproochen an dat ka jo awer net den Ausschlusskrittär sinn. Et bedeit, dass d'Kompetenzsockelen am Fundamental sollen als Indicateur fonctionéieren an net als Ausschlusskrittär; dass am Fundamental och wierklech a Cyclé geschafft misst ginn, esou wéi dat am Cycle 1 scho bal zanter ëmmer de Fall ass, dass d'Hierarchiséierung vun de Filiären am Secondaire misst verschwannen.

Här President, an eise Schoulssystem ass d'Sprooch ganz daitlech en Diskriminationsfacteur. Dat ass mëttlerweil jiddwerengem heibanne bewosst. Et ass net realistesch, ze erwaarden, dass jiddwereen eis dräi Amtssproochen mat deem selwechte Perfektionsgrad beherrscht! Keen heibanne kann dat! An trotzdem setzt eise Schoulssystem ganz héich Erwaardungen an d'Schüler/innen an an déi zukünftige Enseignanten/eën, wat d'Sproochkenntniser ugeet. Dës Erwaardungen sinn net méi zäitgeméis.

Zu Lëtzebuerg ass gutt d'Hallschent vun de Schüler/innen aus der Immigratioun, dovunner 21 % aus enger éischter Generatioun. Lëtzebuergesch ass net méi, wéi nach an den 80er-Joren, déi Sprooch, déi am meeschte bei de Schüler/innen doheim geschwat gëtt. Portugiesesch ass déi meeschtgeschwaten auslännesch Mammesprooch. Déi lusofon Schüler/inne sinn awer och déi, déi am Leeschtungsvergleich am mannste gutt ofschneiden. Ech soe bewosst „am mannste gutt“, well esouwuel an der PISA-Etüd wéi och am hauseegene Monitoring schneiden eis Schüler/innen all net besonnesch gutt of.

Do, wou de Leeschtungssecart tëschent lusofone Schüler/innen an de lëtzebuergeschsproocheger fir d'éischte Kéier daitlech siichtbar gëtt, ass am Cycle 3. Do erreechen 18 % vun de Schüler/innen am Allgemengen de Kompetenzsockel net. Ab do bleift den Ecart bestoe bis an de Secondaire, well et op Cinquième respektiv Neuvième 46 % sinn, deenen hir Kompetenzen den Erwaardungen vum Sockel net entsprechen. A mir schwätzen hei just vun de Basis-kompetenzen: Liesen, Schreiwen a Rechnen.

Här President, dem Bildungsminister seng Virgängerin, d'Madame Mady Delvaux-Stehres, hat emol d'Remark gemaach, de Socle de compétences wier en Indicateur, mee keng Guillotine. D'Erreeche vum Sockel setzt pedagogesch Mesurë viraus, déi zwar deelweis vum der Reform vun 2009 virgesi waren, mee de facto ni tel quel an alle lëtzebuergesche Schoulen ëmgasat gi sinn. Et ass deemools drëms gaangen, de Redoublement ofzeschaffen, falls e gewëssene Kompetenzsockel net géif vun de Schüler/innen erreecht ginn. Ouni d'Erwaardungen un d'Leeschtung vun de Schüler/innen erofzesetzen, sollt gekuckt ginn, déi néideg Moyenen u Personal a pedagogeschen Outilen an der Klass esou anzusetzen, fir dass jiddwereen de Kompetenzsockel kann erreechen.

De Sockel ass an deem Sënn en Indicateur, dee weist, wéi vill Progrès gemaach ginn ass; eng positiv Evaluatioun also. Souwäit mir dat observéieren, ass de Redoublement net aus eise Schoule verschwonne. Dat

gëtt elo just anescht genannt, an zwar Rallongement. Mee och de Rallongement ass eng extreem demotivant Mesure!

Här President, mir mussen den Apprentissage vun de Sproochen op engem gemeinsamen Nenner opbauen, deen der grousser Diversitéit vun eiser Schülerpopulatioun ka gerecht ginn. Wéi mer dat am beschte maachen, si Froen, déi elo endlech erfuerscht ginn, well de Minister jo och erkannt huet, dass d'Meisproochegkeet ëmmer méi en Handicap gëtt fir eis Schülerpopulatioun. Mee leider ginn d'Decisionen, fir déi eng oder aner Mesure ëmzesetzen, vum Minister iwwert de Knéi gebrach.

E gutt Beispill derfir ass d'Aféierung vun der Alphabetiséierung op Franséisch am Fundamental. Do kann ee sech jo soen: Jo, firwat net? Mee wann et esou ass, dass just an e puer Testklassen op Franséisch alphabetiséiert gëtt, während an deenen anere Klassen op Däitsch alphabetiséiert gëtt, an duerno am Cycle 3 déi zwou Filiären zesummekommen, dann ass et awer wierklech schwéier virstellbar, dass am Cycle 4 sollen, onofhängeg vun der Alphabetiséierungssprooch, d'Kanner dee selwechten Niveau an alle Sproochen kënnen hunn. Da froen ech mech: À quoi bon? Dann hu mir jo näischt a Bezuch op d'Komplexitéit vum Sproochenunterrecht ënnerholl, mee just eppes a Bezuch op d'Reiefolleg.

Dofir misst ee sech op d'Fuerschung baséieren an och d'Recommandatiounen vun deene sëllegen Etüde berücksichtegen, well wann esou eng Mesure vu virer an net gutt genuch duerchduecht oder duerchfuerscht ass, da ka se vill Schued bei de Kanner urriichten. D'Kanner si jo awer keng Testobjeten!

Här President, d'Erwaardungen un d'Sproochekompetenze suergen net just fir schoulesch Inegalitéiten ab dem Fundamental, mee erschwéieren och den Zougang zu enger Aarbechtspolz, nottamment am Kader vun der Berufsausbildung, a schlussendlech verspäre se ville jonke Leit de Wee zu enger universitärer Ausbildung.

Eng weider Schrauf, un där een dréie misst, wier also déi vum Stellwäert vun der Méisproochegkeet am Kontext vun enger Gesamtevaluatioun vun de schouleschen a professionellen Kompetenzen. Et ass fairerweis wichteg, déi sproochlech Exigence fir jiddwereen nei unzepassen, well se elo schonn net méi fir jiddweree gëllen. Se gëllen net fir jiddwereen um Aarbechtsmarché an och net am Kader vun den ëffentlechen International Schools.

Här President, aus deem, wat aus dem Bildungsbericht erauszulesen ass, bleift awer den determinantesten Diskriminationsfacteur an der Schoul de Bildungsgrad an de Kontostand vun den Elteren, nottamment wann et ëm d'Orientéierung nom Fundamental an d'Filière vum Secondaire geet. Engersäits wësse mer jo, dass d'Chancen, fir gutt duerch d'Schoul ze kommen, méi kleng si fir déi Kanner, déi aus sozial an ekonomesch schwache Familljefelder kommen. Anerersäits gëtt et deene Schüler/inne géigeniwwer Viruteeler, déi bei der Orientéierung matspillen. An de leschte Bildungsberichter gesäit ee ganz gutt, wéi staark dës Viruteeler matspillen, jee nodeems, a wéi eng Filière dës Schüler/innen orientéiert ginn. Do gëtt et Zuelen, déi kloer bezeien, dass d'Leeschtungen vu Schüler/innen aus „guddem Haus“ zolidd iwwerschat ginn. De Contraire ass de Fall bei de Schüler/innen aus mueren gutt beduchte Familljen. Si gi sans-gêne an hire Leeschtungen ënnerschat.

Sou sinn de leschten Zuelen no 72 % vun de sozioekonomesch méi staarken Schüler an de Classique orientéiert ginn, obwuel der nëmmen 52 % d'Fäegkeeten derfir haten. Ëmgedréit si 16 % vun



de sozioekonomesch méi schwache Schüler an de Classique orientéiert ginn, obwuel et hire Punkten no der 37 % hätte misse sinn. Viruteeler suergen hei fir en Ecart, dee ganz kloer en faveur vun de sozial Favoriséierte spillt. Eise Schoulsystem bitt awer och hei erëm déi beschte Viraussetzung fir d'Weiderféierung an deelweis d'Verschäerfung vun dësen Ongerechtegkeeten.

Den Enseignement secondaire mat sengen dräi grouse Filiären ass quasi esou opgebaut wéi déi pyramidal Klasseverhältnissen an eiser Gesellschaft. Et ass en immens segregativen an hierarchiséierte System. De Classique un der Pyramidespëtz gëllt nach ëmmer als Voie royale fir eng akadeemesch Karriär an déi beschtebezielten Jobs, och wann dat an der Realitéit hautzudaags net méi esou spillt. Den Technique gëllt nach ëmmer als „manner gutt“ wéi de Classique, obwuel och hei d'Méiglechkeeten op eng Studielaufbunn bestinn. Ganz ënnen da steet d'Formation professionnelle als Ofstellgleis fir jiddwereen, deen et net an den Technique général packt.

Paradoxerweis ass d'Handwierk d'„Réckgrat“ vun der Lëtzebuergescher Economie, wann ech de Minister därer zitieren. An domadder misst d'Formation professionnelle jo dee selwechten Unerkennungswäert kréie wéi d'akadeemesch Karriär. Dat ass awer net de Fall! An dat ass souwuel e Mentalitéitsproblem wéi eng Konsequenz vun engem Orientierungssystem, deen op sozialen Ausschlusskrittäre baséiert.

Wie wëllt schonn e Kand an d'Formation professionnelle schécken, wa gewosst ass, dass domadder seng Zukunftschancen um Spill stinn? An engem Kontext, an deem déi politesch Responsabel déi akadeemesch Ausbildung als eenzeg Voie de réussite duerstellen an och derfir suergen, dass dat esou ass, kann ee sech schwéier virstellen, d'Eltere vun de Schüler/inne selwer fir d'Formation professionnelle kënnen ze begescheren.

Et verlaangt schonn eng Revolution, fir d'Hierarchiséierung vun de Filiären ofzeschaffen. Déi Lénk wëllen dofir d'Gesamtschoul als revolutionär Mesure developpieren. D'Gesamtschoul, dat ass e System, an deem d'Schüler/innen net fréizäiteg an de Secondaire orientéiert ginn. Si bleiwen zesummen an enger selwechter Lafbunn, an engem Tronc commun, bis zum Schoufflichtalter, also aktuell nach bis 16 Joer, a kënnen dann entscheiden, a wéi eng spezialiséiert Filière si sech wëllen orientéieren. D'Gesamtschoul setzt viraus, dass d'Schüler/innen de Choix vun hirer schoulescher a professioneller Orientierung bewosst kënnen treffen, well si bis dohin den Iwwerbléck iwwer hir Kompetenzen a Präferenzen kënnen hunn.

Dofir géif an der Gesamtschoul och an Teams enseignéiert ginn, dat heescht zu e puer Enseignanten, an zesummenaarbecht mat spezialiséiertem pedagogeschem Personal, dat sech ëm d'Schüler/inne këmmert, déi spezifesch Besoinen hunn. An der Gesamtschoul géif och effektiv a Cyclé geschafft ginn, esou wéi dat haut jo scho gesetzlech eigentlech virgesinn ass. An anger Gesamtschoul ginn d'Schoulprogrammer esou ausgeschafft, dass all d'Schüler/inne bis zu hirem 16. Liewensjoer kënnen en Abléck kréien a verschidde Fächer a souwuel theoreetescht Wësse wéi praktesch Berufserfarunge sammelen. Och d'Handwierk mat Atelieren a Stagë wär e wichtege Deel vun dësem Programm.

Här President, mir fuerderen also de Comeback vum Tronc commun als zentral Mesure géint schoulesch Inegalitéiten. Dat ass och keng utopesch Fuerderung, well wéi Der wësst, gouf 1979 den Tronc commun vun der LSAP/DP-Regierung gesetzlech gestëmmt, mee leider net ëmgesat, well duerno eng CSV-Regierung

koum. Den Tronc commun war deemools an der Diskussioun wéinst dem Constat, dass de Schoulsystem den neien ekonomeschen an demografeschen Erausforderungen net méi gewuess wier. Deemools ass gesot ginn, dass mir zu Lëtzebuerg missten eis eege Matière grise unzillen, an dass de sozialen Determinismus misst entschäerft ginn duerch d'Bildung, virun allem duerch d'Demokratiséierung vun der Schoul.

Deemools huet déi éischt Etüd iwwert déi schoulesch Ongläichheete Welle geschloen a breet Debatten opgemaach. Haut schéngen d'Informatiounen aus dem Bildungsbericht bal kee méi ze schockéieren. Dat ass dann och den Effet vun der Gewonnecht vum Status quo. Iergendwéi rullt et, och wann et net gutt rullt. Mat dëser Mentalitéit wëllen a mussen mir brieche!

Här President, natierlech ass den Tronc commun just een Aspekt vun enger gréisserer a struktureller Reform vun eise Bildungssystem! Ouni eng Grondopreform bleift de Lëtzebuergesche Schoulsystem ongerecht, ineffikass, konservativ an almoudesch. Almoudesch, well en an de 70er-Joren hänke bliwwen ass. Konservativ, well trotz alle Reformen, déi de Minister ënnere huet a senger Mandatsperiod, sech grondsätzlech näischt a puncto Ongläichheete geännert huet. Wat sech awer radikal geännert huet, ass d'Schoullandschaft. Mir hunn nieft den traditionelle Schoulen ëmmer méi international Schoulen. Nieft dem classesche Schoulssystem huet de Minister e parallele Schoulssystem geschafen.

Fir d'Schüler/inne mat spezifesch Besoine goufen nei Infrastrukture geschafen, déi hir Problemer aus der Schoul an d'Kompetenzzentere kënnen verlagere. All Schoul huet hiren Entwécklungspang, all Lycée säi Profil a seng schoulesch Offer. De Lycée mat der beschter Offer kritt déi beschte Schüler an domadder dann och déi meeschte Moyenen, fir ze fonctionéieren.

Déi grouss Changementer bestinn aus enger Zerstéckelung vun der Schoullandschaft, engem administrativen Waasserkapp, enger Individualiséierung vun der Schoulgemeinschaft an enger Hyperspezialiséierung vun der Ausbildung. Dem Minister seng selleg Reformen hunn de Problem vun de schouleschen Ongläichheeten ëmgaangen: Plus ça change, plus c'est la même chose. Dat ass Konservatismus!

Här President, et ass un der Zäit, et ass héich Zäit, Courage ze weisen, fir eng Rei Mesuren ëmzesetzen, déi um Fundament vun eise Inegalitéit Schoulssystem rappe ginn! Mir fuerderen e vereinfachten Zougang zu der Méisproochegkeet, d'Ofschaf vum der fréizäiteger Orientéierung an de Secondaire, d'Aféierung vun engem Tronc commun, d'Enn vun der Hierarchiséierung tëschen de Filiären, d'Integratioun vu parascolairen Aktivitéiten a vun de Kompetenzzentere an d'Schoule selwer, multiprofessionell Teams an de Klasseäil.

Dat, Här President, si vun eis e puer konkret Mesuren, fir géint déi schoulesch Ongläichheeten unzekämpfen. Mir halen dës Mesuren an enger Rei Motioun fest, déi ech Iech heimadder dann iwwerginn.

Als Éischt emol eng Motioun, déi de Precocé betrëfft, de Precocé, deen natierlech fakultativ soll bleiwen, mee deen awer onbedéngt misst op engem Modèle à journée continue, esou wéi de ganze Fondamental, existéieren an net nëmmen a Plagen, wou d'Eltere se dann nëmmen en hallwen Dag kënnen umellen. Gläichzäiteg missten awer och en Accueil du matin, de l'après-midi an och d'Kantine kënnen dës Kanner ophuelen.

Dofir invitéiere mir d'Regierung, de Ministère, de Gemengen awer och finanziell zur Sait ze stoen an hinnen d'Moyenen ze ginn, fir dës Strukturen auszebauen, fir dass och all Kand kann dorunner deelhuelen, ouni op ellelaange Waardelëschten ze stoen, oder dass grad déi Kanner – wéi et am Observatoire national de la qualité scolaire genannt gouf –, déi lusofon sinn, net vun deenen dote Strukturen kënnen profitéieren, well se net ugepasst sinn un d'Aarbechtszäite vun hiren Elteren.

Gläichzäiteg menge mir, dass ee kéint zwee Joer virun der Alphabetisatioun Test-linguistique mat deene Kanner duerchféieren, fir ze kucken, wou ee wirklech nach vill méi geziilt kéint mat hinne schaffen an och den Eltere kënnen ze hëllefen an der Integratioun, fir de Schoulsystem besser kennen ze léieren an och fir hir Kanner am Apprentissage besser ënnestützen ze kënnen.

### **Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

*– considérant les efforts déployés par le Ministère de l'Éducation nationale et de la Jeunesse dans le développement de l'éducation non formelle ;*

*– considérant que la fréquentation de l'enseignement précoce favorise l'acquisition de compétences cognitives, psychomotrices et linguistiques dès le plus jeune âge ;*

*– considérant qu'une scolarisation dès le plus jeune âge participe à une meilleure préparation d'entrée dans l'enseignement fondamental ;*

*– considérant que la scolarisation précoce augmente les chances de réussite scolaire et d'apprentissage des langues ;*

*– considérant que l'offre de scolarisation précoce n'est pas accessible dans toutes les communes,*

*invite le Gouvernement*

*– à concevoir l'enseignement précoce facultatif sur le modèle de l'école à journée continue et non avec des plages mi-temps ;*

*– à concevoir des accueils du matin, de l'après-midi pour cette même offre ;*

*– à concevoir des cantines scolaires pour les enfants du précoce ;*

*– à inciter et soutenir financièrement les communes à développer l'offre du précoce de sorte à garantir l'accès à l'enseignement précoce sur l'ensemble du territoire ;*

*– à inciter et soutenir financièrement les communes à développer cette offre d'éducation non formelle ;*

*– à effectuer des tests linguistiques avec les élèves du précoce afin de mieux déterminer l'offre linguistique et les critères d'alphabetisation à développer deux années plus tard ;*

*– à mettre en place des cours d'intégration linguistique pour les parents et la possibilité de soutenir l'apprentissage linguistique de leurs enfants.*

*(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.*

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk), interpellatrice | Eng zweet Motioun wëlle mer ofginn. Dat ass déi vun den internationale Schoulen, dass mer soen, mir si jo endlech um Wee, dass déi och iwwert de Bildungsbericht wëssenschaftlech ënnersicht ginn. An et soll ee ganz kloer kucken, wat d'Plus-value ass, an déi Plus-value soll een huelen an dann och integréieren an eis normal École-fondamentallen an och nach an eis Lycéeën.

**Motion 2**

La Chambre des Députés,

– considérant que le plurilinguisme et une grande diversité ethnique caractérisent la population scolaire luxembourgeoise ;

– considérant que l'apprentissage obligatoire de trois langues officielles est un marqueur d'exception du système scolaire luxembourgeois et de la culture du pays ;

– considérant que l'apprentissage obligatoire de trois langues étrangères constitue aussi bien un obstacle dans la poursuite de leur carrière scolaire pour beaucoup d'élèves ;

– considérant le modèle des écoles publiques internationales, où les élèves peuvent opter pour une alphabétisation en allemand, en français, en anglais ou encore en portugais pour certaines écoles ;

– considérant que le modèle des écoles publiques internationales permet également aux élèves du secondaire de poursuivre leur cursus dans la langue de leur choix parmi une offre linguistique plus différenciée incluant le français, l'allemand et l'anglais ;

– considérant que le modèle des écoles publiques internationales est actuellement l'objet d'études et d'évaluations menées par l'Université du Luxembourg ;

– considérant le nombre croissant d'élèves inscrit.e.s dans les écoles publiques internationales ;

– considérant l'extension de l'offre d'écoles publiques internationales à travers le pays,

invite le Gouvernement

– à tirer des conclusions du rapport d'évaluation des écoles internationales publiques en cours d'élaboration avant de n'agir plus loin en faveur d'une extension de l'offre d'écoles publiques internationales ;

– à harmoniser le système scolaire luxembourgeois en appliquant un même modèle d'apprentissage diversifié des langues à l'ensemble des écoles publiques luxembourgeoises.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk), interpellatrice | Dat ass déi zweet.

Déi drëtt, déi huet ganz, ganz vill Consideranten. Ech lisen déi och elo net vir, Dir liest déi all selwer duerch. Do geet et eigentlech wierklech drëms, géint déi Inegalitéiten ze kämpfen, andeems een en Tronc commun ëmsetzt an de Schoulen, wat och am Ausland scho bewisen ass. An Däitschland virun allem gëtt et eng ganz Rei Projeten, an deene se bewisen, datt d'Schüler do zesumme besser virukommen an datt jiddweree seng Plaz fënnt an der Gesellschaft, notament och, well ganz vill handwierklech Projeten an deene Schoule sinn, well ganz vill Handwierker och an d'Schoule ginn. Dat ass dann déi drëtt Motioun.

**Motion 3**

La Chambre des Députés,

– considérant que le dernier rapport national sur le décrochage scolaire indique que l'orientation dans une filière non souhaitée fait partie des raisons de décrochage scolaire les plus fréquemment évoquées par les élèves concerné.e.s ;

– considérant que la plupart des décrochages scolaires ont lieu dans le cursus DAP de la formation professionnelle ;

– considérant la hiérarchisation des filières de l'enseignement secondaire ;

– considérant l'orientation à la fin du cycle 4 vers l'enseignement secondaire en fonction d'une évaluation biaisée et discriminatoire de la performance scolaire des élèves ;

– considérant la ségrégation sociale et ethnique dont témoigne encore largement l'état de la répartition des élèves dans les différentes filières de l'enseignement secondaire ;

– considérant qu'au vu des informations apportées par le dernier rapport national sur l'éducation, le système scolaire luxembourgeois est structurellement inégalitaire ;

– considérant que, face aux inégalités scolaires croissantes, le Gouvernement DP-LSAP avait souhaité mettre en place à la fin des années 1970 une réforme du système scolaire via l'introduction d'un tronc commun d'enseignement avant l'orientation scolaire spécialisée ;

– considérant que l'enseignement en tronc commun permettrait de repousser l'orientation scolaire des élèves vers une filière spécialisée de l'enseignement secondaire jusqu'à l'âge de l'obligation scolaire ;

– considérant que l'enseignement en tronc commun permettrait de réunir les élèves de différents niveaux de compétences en cycles d'apprentissage jusqu'à l'âge de l'obligation scolaire et ainsi de désamorcer la hiérarchisation des filières de l'enseignement secondaire ;

– considérant que l'enseignement en tronc commun avait été introduit par la réforme de l'enseignement fondamental en 2009, permettant l'enseignement en cycles d'apprentissage comme un moyen d'apprentissage progressif pour les élèves accusant des retards et difficultés scolaires ;

– considérant que cet aspect de la réforme de 2009 n'est pas catégoriquement appliqué dans toutes les écoles fondamentales luxembourgeoises ;

– considérant que le tronc commun ait été considéré par le gouvernement DP-LSAP de 1979 comme la pierre angulaire de la démocratisation scolaire et de la lutte contre les inégalités scolaires,

invite le Gouvernement

– à lutter contre les inégalités scolaires en appliquant le principe de l'enseignement en tronc commun.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk), interpellatrice | An déi véiert Motioun, do geet et eigentlech drëms – vu dass mer ganz vill Schüler hunn, déi net méi d'Lëtzebuerger Mammesprooch hunn a scolariséiert ginn –, einfach emol ze kucken, wéi et ass mat de Sproochen, wéi et ass mat de Mäitrisen, an do wierklech eng wëssenschaftlech Studie an Opdrag ze ginn, fir dat ze evaluéieren.

Déi Leit, déi virun enger Zäit schonn hir Schoule gemaach hunn, ze kucken, wéi et do mat de Sprooche geet, wéi se scolariséiert gi sinn, an da wierklech en État des lieux ze maachen, fir d'Kompetenzen ze kucken, och wat ee brauch um Aarbechtsmarché, well et do jo scho ganz laang esou ass, dass mer Patronen hunn, déi franséischsproocheg sinn, anerer sinn däitschsproocheg. Mir hu Beruffer, do gëtt am Beruff selwer Franséisch an Däitsch gemëscht geschwat. Et gëtt Beruffer, do gëtt guer keen Englesch gebraucht. Et gëtt Beruffer, do gëtt vill Englesch gebraucht. Dass een einfach och do kuckt, wéi een dat an de Schoulsystem kann abauen, fir eeben de Schüler ze hëllefen, an, jo, voilà, dass se besser duerch hir Schoulkarriär kommen, fir herno mündeg an oppe Bierger ze ginn a fir och ze fridden an hirem Erwueseneliewen ze sinn.

Voilà. Villmools merci!

**Motion 4**

La Chambre des Députés,

– considérant que 44 % des élèves scolarisé.e.s au Luxembourg n'ont pas la nationalité luxembourgeoise ;

– considérant que pour 57 % des élèves scolarisé.e.s au Luxembourg, le luxembourgeois n'est pas la langue maternelle ;

– considérant les nouveaux résultats longitudinaux issus du monitoring scolaire national en première et troisième année scolaire qui indiquent que parmi l'ensemble des élèves (tout groupe linguistique confondu) :

• plus de 30 % se trouvent en dessous du niveau socle de compétences en mathématiques,

• plus de 10 % se trouvent en dessous du niveau socle de compétences dans la compréhension de l'oral en allemand,

• plus de 40 % se trouvent en dessous du niveau socle de compétences dans la compréhension de l'écrit en allemand ;

– considérant que l'évaluation des compétences linguistiques dans le système scolaire luxembourgeois (hormis les écoles publiques internationales) est fondée sur l'exigence d'une maîtrise équivalente des langues étrangères à apprendre ;

– considérant que les difficultés d'apprentissage de plusieurs langues étrangères, constatées dans le dernier rapport national sur l'éducation, créent en même temps des inégalités et des barrières à l'apprentissage des autres matières ;

– considérant que l'évaluation actuelle des compétences linguistiques est fondée sur des exigences irréalistes ;

– considérant que les mêmes exigences ne valent pas pour le modèle des écoles internationales publiques ;

– considérant que la maîtrise des trois langues officielles du pays n'est pas requise dans un nombre de domaines professionnels du secteur privé,

invite le Gouvernement

– à commanditer auprès de services compétents une étude scientifique transversale permettant :

• d'évaluer la maîtrise plurilinguistique des personnes ayant été scolarisées au Luxembourg au cours de plusieurs générations,

• de faire un état des lieux des niveaux et compétences requis dans le cadre de la formation professionnelle ainsi que dans le système universitaire européen et dans les différents secteurs du marché de l'emploi ;

– à procéder à une réévaluation des niveaux de compétences linguistiques exigés dans les différents cursus et filières du système scolaire luxembourgeois.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk), interpellatrice | Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti.**

An éischten ageschriwwene Riedner ass déi honorable Madamm Martine Hansen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Villmools merci, Här Präsident. A merci der Madamm Cecchetti an deene Lénken, datt se dese wichtige Punkt op den Ordre du jour gesat hunn, well Lëtzebuerg definitiv a puncto Chancëgläichheet bei der Bildung extreem schlecht dosteet.

Wann ech de Bildungsbericht vun 2021 zitieren, da steet dodran: „Früh bestehende Leistungsdefizite im Leseverstehen oder in Mathematik werden im Laufe der Jahre kaum aufgeholt und sozioökonomische und/oder sprachliche Hintergrundmerkmale haben entscheidenden Einfluss auf den Bildungserfolg oder -misserfolg [...]“. Esou änlech stoung et



och am Bildungsbericht virdrun. Esou änlech ass et bei de PISA-Etuden erauskomm. Elo kënn et do e bësse manner dacks eraus, well mer manner dacks matmaachen, mee de Problem ass awer schonn zënner enger gefillter Éiwegkeet bekannt, an déi kruzial Fro, déi sech stellt, ass wierklech: Wat ass gemaach ginn, fir dee Problem konkreet unzepaken, respektiv wat gëtt gemaach, fir deem heite Problem entgéintzewierken?

Als CSV hate mer duerfir an dëser Legislaturperiod eng Motioun hei zur Ofstëmmung bruecht, fir de Problem gezielt, zesumme mat der Wëssenschaft, mat de Leit vum Terrain, unzagoen, fir eng Partie Mesuren ze definéieren mat der Wëssenschaft, fir se dann och ëmzesetzen, fir parallel ze kucken, fir se ze evaluéieren, fir se wëssenschaftlech ze begleeten a fir dann eeben ze kucken: Kënnen déi do Mesuren elo weidergefouert ginn, fir wierklech gezielt de Problem unzepaken? Leider Gottes ass dës Motioun och erëm eng Kéier, wéi esou dacks, mat 29 zu 31 ofgeleent ginn, woubäi ech wierklech net verstinn, firwat!

Ech hu wierklech d'Gefill, et gëtt heiansdo an der Educatioun aus dem Bauch eraus reagiert. An dat ass net gutt, well aus dem Bauch eraus, do kann et och riicht an d'Box goen! A wann et an dësem Fall riicht an d'Box geet, dann hu mer definitiv e Riseproblem!

*(Hilarité et brouhaha)*

Mir brauchen hei eng systematesch Ursachefuerschung, awer – ganz wichteg! – och eng wëssenschaftlech a richteg Interventiounsfiuerschung. A leider iwwersprange mer hei zu Lëtzebuerg ganz dacks deem awer kruziale Punkt vun der Interventiounsfiuerschung a mir maachen dacks direkt Pilotprojeten. An dat ass awer zum Deel eethesch bedenklech, well, wéi gesot: Wann déi Pilotprojeten näischt ginn, da leiden d'Kanner dodrënner.

Ech wäert an dëser Interpellatioun op 20 Punkten agoen an ech fänke bei der Sprooch un. D'Madamm Cecchetti huet dee Problem och ugeschwat.

Déi ganz Problematik vun der Bildungsschier huet zum Deel mat eiser Multilingualitéit ze dinn, awer net nëmmen domadder. Datt mer eng Reform vum Sproochenunterricht brauchen, dat hu mer schonns méi wéi eemol hei gesot an dat ass och mäin éischte Punkt. Mir kënnen net nëmmen einfach eng parallel Schoulwelt opbaue mat den Europaschoulen. Neen, mir müssen eis Sproochenunterricht an eise Schoule reforméieren! Ech wäert do net méi op den Detail eragoen. Dat hu mer bei der Interpellatioun, déi d'Madamm Closener ugefrot hat, iwwert d'Europaschoule scho gemaach.

Fest steet op jidde Fall: Mir müssen de Sproochenunterricht reforméieren! A mir müssen eis klassesch ëffentlech Schoul staark maachen a se eeben net no an no aushielegen, well dee Multilingualismus, dee gehéiert bei eis derzou, dee muss mer bäibehalen, en därfer awer keng oniwwerwannbar Hürd gi fir d'Kanner, an dat am Sënn vun der Chancégerechtkeet.

Mäin zweete Punkt ass de Precoc. D'Madamm Cecchetti ass och op de Precoc agaang, de Cycle 1 an de Curriculum. Do kommen ech nach emol bei de Bildungsbericht. Do steet nämlech am Artikel mat der Iwwerschrëft „Negativer Trend in der Kompetenzentwicklung“, datt d'Bildungsstandards zwar am Cycle 1 vun den allermeeschte Schüler erreicht ginn, awer de Kompetenzniveau bis zum Cycle 3 par rapport zum Standard sech bei ganz villen éischter verschlechtert an datt och erëm eng Kéier do déi portugisesch Sproochegrupp am schlechtesten ofschneit.

Den Observatoire national de la qualité scolaire schreift, datt et schéngt, wéi wann dat, wat am Cycle 1 gefrot gëtt, net géif duergoen, an et misst zesumme

mat der Recherche gekuckt ginn, wéi eng Elementer am Curriculum feelen. Et kann een nämlech och do schonn d'Basis maachen, fir Sproochen ze léieren, d'phonologesch Bewosstsi vun de Kanner schäerfen, well gutt Startchancé si wichteg, fir Bildungsongläichheeten ze verhënneren. An hei spillen, wéi gesot, de Precoc an d'Spillschoul eng wichteg Roll. De Curriculum muss also ugepasst ginn.

Deen drëtten Punkt: de Precoc an d'Sproochen am Spezifesch. An dann zitieren ech erëm eng Kéier aus deem heiten Artikel. Do steet dran: „[...] verweisen auf die Notwendigkeit, die deutsche Sprache ab dem ersten Zyklus in die Frühförderung der Kinder einzubeziehen, wenn diese weiterhin auf Deutsch alphabetisiert werden sollen.“ Och d'OCDE hat 2012 geschriwwen, datt ee méi Gewicht misst leeën op d'Alphabetisierungssprooch an datt een d'Aféiere vun der zweeter Sprooch misst méi no hanne réckelen.

An da kommen ech bei d'Fro vun der Interpellatioun vun deene Lénken, nämlech, dem Minister Meisch seng Reforme kritischesch ze analyséieren. Dat war eng Fro. Dat läit elo net u mir, mee dat war eng Fro. Wat huet awer hei de Minister Meisch gemaach? En huet de Programme plurilingue agefouert. D'Kanner tëschen 0 a 4 sollen nieft dem Lëtzebuergeschen dann och nach d'Franséisch léieren. Dat ass am Cycle 1.1 an am Cycle 1.2 och nach derbäi agefouert ginn. Hei ass also am Prinzip de Contraire gemaach gi vun deem, wat d'Wëssenschaft freet: Amplaz nieft dem Lëtzebuergeschen, wann dann nach eng zousätzlech Sprooch sollt gemaach ginn, dat Däitsch ze maachen, well jo op Däitsch alphabetisiert gëtt, ass zousätzlech Franséisch derbäigesat ginn. Amplaz mat där zweeter Sprooch, Franséisch, méi spët unzefänken, ass dat u sech éischter gemaach ginn.

Mir haten deemools gefrot, wat genau d'Zil vum Programme plurilingue wär. Do krute mer erkläert, datt sech am nonformale Beräich am Prinzip keng Ziler géife gesat ginn. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass eppes, wat mir u sech e bëssen op d'Strëmp geet, well d'Kanner maachen an hirem Kapp jo och keen Ennerscheid, ob se eng Sprooch am nonformalen oder am formale Beräich léieren. Si léieren eng Sprooch! D'Erklärung ass natierlech einfach: Wann ee sech keng Ziler setzt, da muss ee keng Ziler errechen! An da wëll ech awer nach soen, den Cycle 1 gehéiert zum formale Beräich!

Och dat ass erëm eng Kéier eppes, wat aus dem Bauch eraus decidéiert ginn ass. Duerrfir muss d'Sproochepolitik am Precoc, déi multilingual gratis Kannerbetreuer, iwwerducht ginn. Dat schreift och den Observatoire national de la qualité scolaire.

Deemools hunn eng Partie Leit gesot: „De Minister wëllt gäre mëttelfristeg op Franséisch alphabetiséieren, an duerrfir mécht hien dat.“ Ech weess net, ob dat wouer ass. Ech weess net, wat de Minister deemools geduecht huet. Ech stellen awer just fest, datt elo e Pilotprojet kënn, fir op Franséisch ze alphabetiséieren. Ech wäert herno nach op deem agoen.

Mee ech komme fir d'éischt op mäi véierte Punkt, dee mat der Organisatioun vum Precoc an der Chancégläichheet ze dinn huet. An do widderhuelen ech am Prinzip dat, wat d'Madamm Cecchetti och gesot huet. De Precoc gehéiert zum Cycle 1. De Precoc ass fakultativ. De Precoc ass awer extreem wichteg. An et gëtt awer net genuch Plazen am ganze Land, fir datt all Kand, egal wou et wunnt, kann déi ganzen Zäit dohinner goen, respektiv d'Organisatioun ass esou schlecht, datt Kanner vun Elteren, déi schaffen, net kënnen dovunner profitéieren, well et zum Beispill vläicht A- a B-Gruppe sinn oder well d'Maison relais de Relais net mécht.

Wéi mäi Kand nach am Alter vum Precoc war, hunn ech och geschafft, du waren et och A- a B-Gruppen, an et konnt just dräimol en hallwen Dag goen. Bon, ech krut et organiséiert, well ech eng Bom hunn, déi agesprongen ass, e Bop an en Noper. Dat huet awer net jiddwereen. A wa mer soen, datt de Precoc wichteg ass fir d'Kanner, da muss mer et och esou maachen, datt et u sech och fir jiddweree maachbar ass.

Duerfir, Här Minister, wär et wierklech wichteg, esou wéi d'Madamm Cecchetti et och gesot huet, fir alle Gemengen déi néideg Moyenen zur Verfügung ze stellen, fir datt de Precoc kann esou organiséiert ginn, datt all Kand d'Méiglechkeet huet, dovunner ze profitéieren. Ech hunn an deem Sënn och eng Motioun. Ech weess elo net, ob et genau déi selwecht ass. Ech deposéieren d'Motioun hei. Wannechgelift.

## Motion 5

*La Chambre des Députés,*

– *considérant que la scolarisation constitue une étape importante pour les enfants et leurs parents ;*

– *rappelant qu'en 2009 l'éducation précoce est devenue partie intégrante du premier cycle de l'enseignement fondamental ;*

– *considérant que les apprentissages durant la petite enfance et au niveau du cycle 1 sont déterminants pour la suite de la scolarité de l'élève, notamment pour l'apprentissage des langues ;*

– *considérant le rôle important que joue l'éducation précoce au niveau de la valorisation des langues premières respectives des enfants ;*

– *constatant que – d'après l'Observatoire national de la qualité scolaire (ONQS) – cette période scolaire constitue une opportunité pour réduire les inégalités sociales et garantir aux enfants des chances de départ identiques ;*

– *considérant que l'alphabétisation des enfants se fait en langue allemande,*

*invite le Gouvernement*

– *à évaluer et à adapter le concept linguistique de l'éducation précoce ;*

– *à adapter le curriculum de l'éducation précoce, voire du premier cycle de l'enseignement fondamental ;*

– *à procurer aux communes les moyens nécessaires pour que l'éducation précoce puisse être organisée de manière à ce que chaque enfant ait la possibilité d'en bénéficier durant l'ensemble des plages horaires organisées et pas seulement pendant un nombre réduit de demi-journées.*

*(s.) Martine Hansen, Diane Adehm, Emile Eicher, Georges Mischo, Octavie Modert.*

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**Mme Martine Hansen (CSV) |** Fénnefte Punkt dann: d'Alphabetisierung op Franséisch, an dann den Här Minister a seng Reformen. Ech hat eng Question parlementaire dozou gestallt. Dee Pilotprojet gëtt elo, mengen ech, a véier oder fénnef Gemenge gemaach. Wéi e genau ausgesäit, weess ech nach net, mee de Pilotprojet soll esou ugeluecht sinn, datt d'Schülerinnen an d'Schüler, egal a wéi enger Sprooch se alphabetisiert ginn, den noutwendege Sproochebagage hunn – esou steet et an der Äntwert vun der Question parlementaire –, fir herno an en normale lëtzebuergesche Lycée oder och an eng international Filière ze goen. D'Zesummeffiere soll am Cycle 4 passéieren. Ech weess just nach net, wéi dat genau soll geschéien.

Op där anerer Säit ass beluecht, datt eng Alphabetisatioun op Franséisch anescht ofleefst an och méi laang dauert wéi eng Alphabetisatioun op Däitsch. Däitsch ass nämlech – dat hunn ech mer vun de

Sproochwëssenschaftler erkläre gelooss, mee dat schéngt mer och logesch ze sinn – eng méi transparent Sprooch. Wann ech soen „Auto“, dann héieren ech dat an ech kann dat schreiwen. Bei „voiture“ ass et schonn e bëssen anescht. Bei „Auge“ an „œil“ ass et och e bëssen anescht. Dat heescht, de Minister huet awer elo dëse Pilotprojet lancéiert. A fir eis wär et extreem wichteg, datt deen och géif wëssenschaftlech begleet ginn, datt wierklech e Konzept géif wëssenschaftlech ausgeschafft gi bis zum Cycle 4.2. Den SNE (ndlr: Syndicat national des enseignants) seet och, datt eng onofhängeg wëssenschaftlech Evaluatioun vun dësem Projet misst gemaach ginn.

Wéi gesot, de Projet leeft elo. Dann hätte mer och gären, datt mer herno déi richteg Konsequenzen doräus zéien. Do hunn ech eng zweet Motioun. Wann ech gelift.

### **Motion 6**

*La Chambre des Députés,*

– *considérant qu'un projet pilote ayant pour objectif l'alphabétisation des enfants en langue française sera lancé lors de la rentrée scolaire 2022-2023 ;*

– *considérant que quatre écoles de quatre communes différentes – Dudelange, Larochette, Oberkorn et Schifflange – participeront au projet pilote susmentionné ;*

– *considérant que le projet pilote s'adresse « à tous les enfants » tout en tenant compte de leur contexte linguistique respectif ;*

– *constatant que le projet pilote prévoit de regrouper tous les enfants indépendamment de leur langue d'alphabétisation en cycle 4 en vue de l'application de la procédure d'orientation normale pour l'enseignement secondaire,*

*invite le Gouvernement*

– *à définir un concept de projet pilote scientifiquement élaboré qui couvre le parcours scolaire complet de l'enseignement fondamental de l'alphabétisation en langue française en cycle 1 jusqu'à la procédure d'orientation en cycle 4 ;*

– *à présenter ce concept à la Chambre des Députés ;*

– *à faire accompagner le projet pilote et à le faire évaluer par une instance scientifique indépendante dès son lancement.*

(s.) *Martine Hansen, Diane Adehm, Emile Eicher, Georges Mischo, Octavie Modert.*

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**Mme Martine Hansen (CSV) |** Wéi gesot, et ass e Fakt, datt vill Kanner, déi portugisesch schwätzen, Schwieregkeeten an eisem Schoulsystem hunn. Op eiser Uni.lu gouf a gëtt an dësem Beräich relativ vill gefuerscht. Dat ass och gutt esou. Ech stellen awer fest, datt ganz dacks Saachen, déi do erfuerscht ginn, am Prinzip net agesat ginn an der Schoul.

Ech schwätzen hei ënner anerem vum LALA-Programm. Ech hat d'Chance, dat ass jo och scho relativ laang hier, datt ech konnt beim Projet „Politics meets Research“ mat engem Fuerscher matgoen, deen un deem Programm geschafft huet. Ech sinn och op Klasse gaang, wou dee Programm agesat ginn ass. Beim Programm ass am Prinzip wëssenschaftlech beluecht, datt en eppes bréngt. D'Léierpersonal war zefridden. E gëtt awer net esou agesat. An ech hat dann eng Question parlementaire dozou gestallt an tëschent den Zeilen hunn ech ënner anerem kënne liesen, datt och dat Finanziellt domadder ze dinn hätt, datt dee Projet net géif ëmgesat ginn.

**Une voix |** Ganz gutt!

**Mme Martine Hansen (CSV) |** Ech wëll just soen: Wann d'Fuerscher spezifesch eppes fir Lëtzebuerg

maachen, da gëtt et méi deier, well een op Mooss gemaachte Kostüm – ech hunn zwar nach ni esou ee kaaft – ass anscheinend och méi deier wéi ee vun der Staang.

Duerfir ass mäi sechste Punkt: d'Fuerschung op der Uni fir d'Sproochelëieren, dat spezifesch op eis Situatioun ugepasst ass. Dat muss definitiv weiderhin ënnerstëtzt ginn. A virun allem dann, wa Recherchen duerchgezu ginn, mat konkrete Resultater, déi hëllefbräich si fir eist Land, wat och esou wëssenschaftlech beluecht ass, da muss dat dann och agesat ginn, well d'Recherche ass keen Zweck u sech. Wéi gesot, et ka jo net sinn, datt den Héichschoulministère d'Recherche finanzéiert, den Héichschoulminister och nach Präisser verdeelt an den Educatiounsminister, deen an dësem Fall dee selwechten ass, dat awer net asetzt an der Schoul!

Dir Dammen an Dir Hären, ech komme bei de siwente Punkt: déi gratis Hausaufgabenhëllef. Fir Kanner, déi doheem net gehollef kréien, well d'Elteren net kënnen hëllefen, well d'Eltere keng Zäit hunn, wär eng gratis Hausaufgabenhëllef – zumindest fir déi sozial schwach Familjen – noutwendeg. Déi soll elo kommen. Ech weess awer nach net genau, wat. Ech hoffen, datt mer haut am Laf vum Dag nach gewuer ginn, wéi déi organiséiert gëtt. Ech wëll just soen: Wa se komm wär, wéi mir se gefrot haten, dat war nämlech schonn 2019, dann hätte mer och do scho kënnen eng éischt Evaluatioun elo maachen!

Den achte Punkt: d'Elteren. Am Rapport „L'entrée à l'école“ vum Observatoire national de la qualité scolaire steet: „La famille constitue le noyau de base.“ A genau bei der Famill muss kënnen intervenéiert ginn. D'Elteren an d'Famill sinn eng immens Ressource, déi net genuch genotzt gëtt. Mir mussen dru schaffen, fir vill méi geziilt Elterenaarbecht ze maachen. Mee dee Message, deen d'Regierung erausgëtt, ass dacks awer een aneren. An dat ass extreem schued! Si ginn den Elteren op jidde Fall, wann ech dat elo ganz fein ausdrécken, net onbedéngt Confiance an hir eege Kompetenzen. Wann een nämlech héiert: „Si iesse besser an der Schoul. Si gi besser an d'Crèche, fir d'Sproochen do ze léieren!“, dann ass dat zum Deel kontraproduktiv. An duerfir muss een oppassen, wéi e Message een erausgëtt.

D'Mammesprooch ass zum Beispill och extreem wichteg. An dee Message muss bei den Elteren do sinn. D'Eltere mussen net mengen, si missten hir Kanner an eng multilingual Crèche ginn, fir datt se do scho Franséisch kënne léieren. Et ass méi wichteg, wa se doheem Portugisesch schwätzen, datt se richteg Portugisesch schwätzen, fir datt se duerno déi zweet Sprooch léieren.

E Fait ass et op jidde Fall, an ech mengen, do si mer eis eens, datt mer d'Eltere mussen mat an d'Boot kréien, well da wäre mer u sech um gudden Wee ënnerwee. D'Eltere sinn, wéi gesot, dacks de Knackpunkt, an de Kontakt muss fréi méi enk ginn. Ganz vill Elteren – ganz dacks sinn dat och déi sozioekonomesch schwach – gesinn dat vläicht net an oder si hu ganz einfach, well se schaffen, och net d'Zäit dofir. Op där anerer Säit hunn d'Enseignanten och net onbedéngt Zäit, fir do hannendrun ze bleiwen.

Am Rapport vum Observatoire national de la qualité scolaire – ech mengen, ech kierzen dat elo ëmmer ONQS of, well soss brieche ech mer d'Zong nach eng Kéier – gëtt vu „programmes d'intervention auprès des familles“ geschwat. Als CSV soe mer: Esou eppes brauche mer! Am Moment ass et esou, datt d'Eltere mussen d'Initiativ ergräfen. Si froen, ob et net méiglech wär, datt dat geännert gëtt, datt och d'Schoul kéint d'Initiativ ergräfen. Ech wëll gär vum Här Minister wëssen, wat do virgesinn ass.

An da kommen ech bei mäin néngte Punkt. Ech mengen, eng aner Schoulorganisatioun géif hei hëllefen, datt den Enseignant méi Zäit hätt, fir dat ze maachen, oder datt een aneren dat kéint maachen, nämlech, an dat hutt Der scho méi wéi eemol hei héieren: Mir hätte gären eng Direktioun an der Schoul an net an der Regioun. Während den Enseignant sech kann op d'Schoulhale konzentréieren, ass de Supérieur hiérarchique, deen an der Schoul ass, den Usprechpartner fir d'Enseignanten, d'Kanner an d'Elteren. An dee kéint och nach méi geziilt Elterenaarbecht maachen. Dat kann eng Ëmgestaltung vum Schoulkomitee sinn oder, wéi gesot, eng Direktioun an der Schoul an net an der Regioun. Den Här Minister hat seng Reform gemaach vun de regionalen Direktiounen. Eis Positioun kennt Der. Mir hätten, wéi gesot, gären eng um Terrain!

Et war awer eng Evaluatioun ugekënnegt ginn. D'lescht Joer war gesot ginn, déi géif gemaach ginn. Do wëisst ech gären: Ass eng do vun de regionalen Direktiounen? A wat sinn d'Konsequenzen, déi doräuser ze zéie sinn?

Mäin zéngte Punkt, an och dat hu mer scho méi wéi eemol hei gesot: Mir hätte gären, fir datt de Kanner am Sënn vun der Chancéglichheet an de Schoule séier ka gehollef ginn, eng pluridisziplinär Ekip och an de Grondschoulen, vergläichbar mam SePAS an de Lycéeën. Mir hate scho méi wéi eemol eng Motioun, also wäert ech déi hei net widderhuelen. Mir brauchen dat, fir de Kanner ze hëllefen, och fir de Kontakt mat de Kompetenzzentren. Den SNE hat bei der Rentrée vun enger Taskforce, enger Preventiouns- an Interventiounsstruktur mat verschiddene Spezialisten, geschwat. Eis ass et egal, wéi mer se nennen, mee mir brauche Leit um Terrain, déi kënnen hëllefen.

Gläichzäitig mussen och d'Enseignanten Zäit hunn, fir kënnen differenziéiert Schoul ze halen. An d'Schoule mussen déi néideg Moyenen hunn. An dat ass mäin eelefte Punkt. Och dat hu mer scho méi wéi eemol gefrot. D'Contingentsberechnung muss evaluéiert an ugepasst ginn.

En zwielefte Punkt: Chancéglichheet heescht och Chancéglichheet queesch duerch d'Land. An dat heescht ënner anerem och, datt all d'Schoulen, egal a wéi enger Gemeng se sinn, déi selwecht Moyenen hunn, och d'informatescht Material hunn. Dat ass an dësen Zäiten extreem wichteg an do hunn de Ministère an d'Regierung eng Verantwortung ze droen. Mir hunn eng Proposition de loi an deem Sënn scho méi laang hei deposéiert. Ech hoffe wierklech, datt, wann de Staatsrot den Avis ginn huet, mer och do d'Zoustëmmung vun der Majoritéit kréien.

Mäin 13. Punkt. All Kand léiert anescht, soss wär et jo relativ einfach. Eise Schoulunterricht entsprécht awer nach op ville Plazen deem vu gëschter an net deem vu muer. An duerfir soen ech, an och dat hunn ech scho méi wéi eemol gesot: D'Aart a Weis, fir Schoul ze halen, muss geännert ginn! Op verschiddene Plazen ass se komplett geännert, op aneren net. Et ass e bëssen den Zoufall. An ech hunn dat anert och scho gesot: D'Léieren no der Triichtermethod, wat awer a ville Lycéeën gemaach gëtt, déi Zäite sinn eriwwe. Mir kënnen net méi selektéieren, bildlech gesinn, no de Kanner, bei deenen den Triichter net grouss genuch ass. Nee, d'Schüler mussen vu Klengem u Kompetenze geléiert kréien.

Am OECD-Rapport „Beyond Academic Learning“ steet, datt de sozioekonomesche Facteur zwar nach deen aflossräichsten ass op d'schoulesch Resultater, mee datt donieft déi sozial an emotional Skills, wéi Gewëssenhaftegkeet, Motivatioun, Toleranz, Kreativitéit,



Vertrauenswürdigkeit, Empathie, Kooperationsfähigkeit an esou weider, entscheidend sinn. Dat ass jo eppes, sat mer kënnen upaken, also mussen mer déi vu Klengem u fërderen. Do schwätzt den ONQS dann och vun enger „méthode pédagogique efficace“. Dat heescht, mir müssen d'Aart a Weis, fir Schoul ze halen, änneren. Dat muss och an der Enseignantsausbildung geschéien.

Ech mengen, jiddweree vun eis war – vun der Educatiouskommissioun zumindest –, vill waren der an de Lycée Ermesinde kucken. Deen hält anescht Schoul. Ech weess net, mir hunn dat vläicht schonn eng Kéier gesot kritt, mee ech weess et wierklech net: Ass deen evaluéiert ginn? Hu mer do allgemeng Saachen, wou mer kéinte soen: Ma komm, mir huelen dat do, dat fonctionéiert gutt, komm mir iwwerdroen dat an deen anere Schoulsystem?

An da kënnt et an der Schoul op den Enseignant un, an och dat hunn ech scho méi wéi eemol gesot. Dat ass mäi 14. Punkt. Am Prinzip huet all Kand e Recht op ee ganz gudden Enseignant. Dat ass am Moment net de Fall. Ech hunn all déi Punkte bei eiser Interpellatioun iwwert d'Attraktivitéit vum Enseignantsberuff schonn eng Kéier ugeschwat. Ech wëll hei just nach eng Kéier soen: Mir müssen all Efforte maachen, datt mer déi gutt Leit, déi bescht Leit och an den Enseignement kréien, well nëmmen, wann den Enseignant gutt ass, wann e fachlech gutt ass, wann e pedagogesch gutt ass, kann en herno och d'Kanner gutt ënnerriichten.

Beim nächste Punkt kommen ech nach eng Kéier zréck bei d'Sproochen an an de Lycée. Dat mat den Europaschoulen hunn ech scho méi wéi eemol gesot. A mir bedauern et, datt et an der Reform vum Secondaire u sech verpasst ginn ass, fir d'Flexibilitéit och an de Sproochenunterricht ze kréie bei de Lycéeën.

Mir haten deemools Virschléi gemaach, datt an engem Classique zwar zweemol den C1 vum Niveau misst do sinn, mee datt de Schüler kéint d'Sprooch wielen, datt am General een C1 géif duergoen, well dat anert net realistesch wier, e kéint der awer zwee maachen, an dann hätt en och do erëm eng Kéier de Choix. Ech mengen, dat entsprécht jo och der Realitéit dobaussen am Beruff. Et kann een e gudd Mathematik sinn, ouni datt ee perfekt am Franséischen ass. Et muss ee just wëssen, datt een da vläicht herno net Schoul hale geet. Et kann een e gudd Physiker sinn, ouni datt ee vläicht gutt am Däitschen ass an esou weider. Mir importéieren der jo och op eisen Aarbechtsmarché, also fanne mer et extrem taureg, datt déi Flexibilitéit an eise klassesch Lycéeën net vun der Majoritéit ënnerstëtzt ginn ass.

Dat selwecht beim Cycle inférieur. Dat ass mäi 16. Punkt. Do ass bei der Reform gesot ginn, an dat ass gutt, dat hu mir och gesot: Et kann a Gruppen opgedeelt ginn, et kann en Niveau de base an en Niveau avancé gemaach ginn. Dat heescht, een, deen am Franséische gutt ass an an der Mathe vläicht net esou gutt, deen ass fréier ëmmer am Ganzen erofgestuut ginn. Dee kann awer elo mat deem System am Franséischen an deem gudden Grupp, deem héije Grupp, bleiwen, an an der Mathe dann an deem aneren.

Mee dat funktionéiert nëmmen, wann den Enseignant dat och richteg ka maachen, wann deen den Niveau avancé och richteg avancé ka maachen, a sech fir den Niveau de base Zäit kann huelen. Dat geet net, wa se alleguer an enger Klass sinn. Duerfir si mer net averstan, datt keng richteg Differenzéierung gemaach gëtt! An och do brauchen d'Schoulen d'Moyenen, datt se dat kënnen duerchzéien. Am Moment ass et dacks eng Differenzéierung um Pabeier.

En aneren, extreem wichtege Punkt ass d'Orientierung. D'Orientierung ass am Prinzip scho bal dee wichtigste Punkt, wat d'Chancéglichheet ugeet. Et gëtt am Bildungsbericht en aneren interessanten Artikel mam Titel „Bildungungleichheiten am Übergang in die Sekundarschule in Luxemburg“. Do ass jo 2017 d'Orientierungsprozedur ëmgeännert ginn. D'Konsequenz dovun ass et, datt sécherlech manner Kanner an de Préparatoire ginn. Ech weess net, ob dat gutt ass, well ech fanne wierklech, datt mer missten um Image vum Préparatoire schaffen. Wann e Kand net den Niveau huet an et gëtt déi ganzen Zäit, loosse mer soen, op deem do Niveau ënnerriicht, da kritt et näischt mat. Dann ass et besser, mer huelen et vun do, wou et steet, a mir schaffen esou mat ëm, wéi et kann. Dann ass d'Resultat meeschtens besser.

Ech kommen awer nach eng Kéier zréck bei d'Orientierungsprozedur, well laut Bildungsbericht wärend d'Orientierungen anescht, wann nëmmen eleng déi schoulesch Leeschtunge géife gekuckt ginn. Dat heescht, wann nëmmen d'Notten oder d'schoulesch Leeschtunge géife gekuckt ginn, da géife manner Kanner vu sozial schwache Familien an de Préparatoire orientéiert ginn a méi Kanner vu sozial staarke Familien dohinner. An et géife méi Kanner vu sozial schwache Familien an de Classique orientéiert ginn a manner vu sozial staarke Familien. Dat weist erëm eng Kéier, wéi immens grouss awer den Afloss vun de Familien ass. An dat Ganz muss eis nodenklech maachen.

Ech hat och virun e puer Wochen eng Klass op Besuch. Do sot e Meedche mir: „Mee meng Elteren, déi wëlle guer net, datt ech studéiere ginn herno, well da kaschten ech si nach eng Kéier e puer Joer laang eppes. An anescht stinn ech herno selwer op mengen eegene Bee respektiv ech ka souguer eppes bäidroen.“ Dee Punkt war mir och net esou bewosst an ech fannen, datt mer wierklech och un deem Punkt musse schaffen. Dat kann net sinn! An dat ass erëm eng Kéier vläicht duerch Elterenaarbecht ze maachen, datt mer Opklärung do musse maachen, mer mir müssen eis dem Problem senger bewosst sinn.

An da wëll ech awer hei nach eng Kéier drop hiweisen, datt een d'Diskussioun net där esou féieren, datt eng Orientierung hin zur Berufsausbildung en Drama wär. Au contraire! Mee et soll jiddwerengem säi Choix sinn an net einfach nëmmen eng Orientation par échec. Och dat ass Chancégerechtigkeit!

An dat mécht mech erëm eng Kéier e bësse rosen, well et ass jo schonn eng gefüllten Éiwegkeet hier, datt ech Schouldirektesch war. Dunn hu mer dann och probéiert, eis Kanner ze orientéieren. Do sinn et zu deem Zäitpunkt schonn Tester ginn, ech mengen, an der Schwäiz, do hu mer da misse Lizenze kafen. An da konnte mir déi Tester maachen, fir hir Talenter erauszefannen, fir se u sech positiv ze orientéieren, fir ze soen: „Du bass awer vläicht méi fir dee Beruff oder fir dee Beruff.“

Déi Tester gëtt et och schonn hei zu Lëtzebuerg. Et ass d'Chambre des Métiers, déi se zesumme mat der Chambre des Salariés, mengen ech, offréiert. Dat ass, mengen ech, de „Basic-Check“, an da gëtt et vun der Chambre de Commerce den „TalentCheck“, mee déi ginn awer net systematesch agesat an de Schoulen. Ech fannen awer, datt dat eng Aufgab ass vun der Regierung. Et kann hei net dem Zoufall iwwerlooss ginn, datt déi eng Kanner dat kënnen maachen an déi aner net. An duerfir ass hei eng drëtt Motioun, an där mer dat froen. Wannechgelift.

### **Motion 7**

*La Chambre des Députés,*

*– considérant que l'éducation et la formation relèvent d'une importance capitale dans un pays dont les ressources*

*principales sont les compétences intellectuelles, techniques et manuelles de sa population ;*

*– considérant qu'il est d'une importance cruciale pour un pays d'investir dans son « capital humain » ainsi que de découvrir et de promouvoir les talents de tout un chacun ;*

*– considérant que l'orientation des élèves constitue un élément clé de l'égalité des chances ;*

*– constatant qu'en pratique scolaire l'orientation des élèves se fait souvent sur base de leurs échecs ;*

*– constatant que, sur le plan national, l'utilisation de certains outils électroniques tels que le « TalentCheck » et le « Basic-Check » destinés à identifier les points forts, voire les talents des élèves souhaitant effectuer un apprentissage auprès d'une entreprise formatrice reste faible ;*

*– considérant que les outils « TalentCheck » et « Basic-Check » sont mis à disposition et financés par la Chambre de Commerce respectivement la Chambre des Métiers ainsi que la Chambre des Salariés,*

*invite le Gouvernement*

*– à intégrer l'utilisation des outils d'orientation susmentionnés dans la procédure d'orientation des élèves de l'enseignement secondaire concernés ;*

*– à subvenir aux frais de fonctionnement, voire de développement y afférents ;*

*– à assurer que chaque élève puisse s'en servir durant son parcours scolaire.*

*(s.) Martine Hansen, Diane Adehm, Georges Mischo, Octavie Modert, Marc Spautz.*

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**Mme Martine Hansen (CSV) |** Da kommen ech bei de Punkt vun der Inklusioun. Datt mer gären eng multidisziplinär Ekip an der Grondschoul hätten, dat hunn ech scho gesot gehat. Bei der Inklusioun huet den Här Meisch jo och 2017 eng Reform gemaach, wou en en Instituteur spécialisé op lokalem Niveau agefouert huet, d'ESEB op regionalem Niveau an d'Kompetenzzentren op nationalem Niveau.

An ech zitieren awer elo den SNE aus engem „Wort“-Artikel vum September 2021. Do steet: „[Förderbedürftige Kinder.] Statt der Kinder [stehen] nach wie vor die Prozeduren im [Vordergrund].“ Och hei war 2017 – an des Kéier war déi Motioun vun der Majoritéit ugeholl ginn – eng Evaluatioun gefrot ginn. Mir haten och emol eng Sitzung, wou mer u sech erkläert kritt hunn, wat géif evaluéiert ginn. Mir hunn awer elo nach net d'Resultater vun der Evaluatioun. An et wär fir eis wichteg, datt dat géif gemaach ginn. Ech kann nämlech net soen, ob d'Situatioun sech verbessert huet. Et wier awer wichteg, datt se sech géif verbessern, am Sënn vun der Chancégerechtigkeit.

Ech heieren nach ëmmer, datt et laang dauert, ier Hëllef kënnt, datt den administrativen Opwand grouss ass, datt d'Prozedur komplizéiert sinn, datt de Wee fir an d'Kompetenzzentren fir verschidde Kanner laang ass – zum Beispill am Norde vum Land, da sinn déi dräi Stonnen am Bus, da gi se vläicht net –, datt d'Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Kompetenzzentren dacks suboptimal ass. Wéi gesot, hei bräichte mer wierklech ganz dréngend d'Evaluatioun vun der gesamter Organisatioun. Déi muss och mat de betraffene Leit duerchgekuckt ginn an da mussen déi néideg Konsequenze gezu ginn am Sënn vun der Chancégerechtigkeit.

Den Depistage gehéiert eebefalls dohin. Bei Kanner, déi Problemer hunn, kann een deenen hir Chancé verbessern, wann déi Problemer fréi erkannt ginn. An esou brauche mer ganz fréi en Depistage. 2020 hat den Här Minister gesot, den Depistage fir Troublen, fir motoresch Schwierigkeiten, géif am Cycle

1.2 – deemools a 6 vu 15 Regiounen – gemaach ginn. An en hutt och gesot, e wier amgaang ze kucke mat der Uni, fir nei Methoden ze entwéckelen. Ech weisst wierklech gären: Wou si mer hei drun? Well fir eis ass dat wichteg. Mir brauchen e fréien Depistage vun alle Problemer, well dat ass extreem wichteg fir d'Kanner!

Da kommen ech bei der leschte Punkt. Dat ass eeben déi lescht Reform, déi mer nach net gestëmmt hunn. Ech ginn elo net laang drop an. Dat ass eeben, datt, fir manner Schoulofbrieche ze hunn, de Minister d'Schoulpflicht elo wëllt op 18 Joer eropsetzen. Wéi gesot, manner Schoulofbrieche, dat ass fir eis och extreem wichteg, mee dëse Projet – ech mengen, ech hat et scho gesot, wann net, da soen ech et elo – ass fir eis nach ëmmer eng Kaz am Sak, well och den Här Minister weess nach net, wéi e soll ëmgesat ginn.

Ech hat him eng Kéier gesot, hien dierft net méi lasskappen, wéi e schéppe kann, mee ech mengen, elo wëllt e schéppen an en huet nach net lassgekappt. An och dat geet net. Dat heescht, mir brauchen och do den Inhalt virdrun, wéi gesot, soss wäert ech mech zu deem Projet net äusseren. Déi Geleeënheet kréie mer nach.

Här President, Dir Dammen an Hären, a puncto Chancëgläichheet steet Lëtzebuerg richteg schlecht do. An ech zitieren elo awer nach eng Kéier aus dem Rapport vum Observatoire national de la qualité scolaire, well vill méi kloer kann een et net soen: « Depuis la première participation du Luxembourg aux études comparatives internationales [...], nous savons que l'école luxembourgeoise est globalement inefficace et inéquitable en comparaison à la grande majorité des autres pays participants. »

Wéi gesot, vill méi kloer kënne mer et net soen. Ech hunn hei 20 Punkten ugeschwat. Fir eis ass et awer extreem wichteg, an duerfir widderhuelen ech nach eng Kéier meng Fuerderung vum leschte Joer, datt de Ministère an de Minister missten zesumme mat der Fuerschung dee ganze Problem wëssenschaftlech ugoen, Pisten definéieren an dann eng Evaluatioun parallel definéieren, eng wëssenschaftlech Begleitung garantéieren, well d'Ugoe vun deem Problem, oder d'Léisung, dat kënne mer definitiv net dem Zoufall iwwerloossen, well d'Bildungschancë fir eis Kanner mussen fir eis alleguer extreem wichteg ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Mammad Hansen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dee Moment, wou en Neigebuerenen op d'Welt kënnt a seng Elteren, säin Ëmfeld, seng Famill kenneléiert, fasziniéiert, dat ass de Start an d'Liewen an an d'Gesellschaft eran. Bis dohi kann ee just vu Chance schwätzen oder och vu manner Chance, deemno wou an a wéi engen Ëmstänn een op dës Welt kënnt. Mat Chance mengen ech: an engem Land op d'Welt ze komme mat direktem Zougang zu medezinnesche Leeschtungen, mat stabille Verhältnissen, mat Fridde – an dësen Zäite ganz wichteg! –, mat Fräiheet, wou de Mensch sech ka fräi entwéckelen an entfalten.

Bei manner Chance, do brauch ee just un déi Kanner ze denken, déi momentan an engem Krichsgebitt op d'Welt kommen an déi net déi Hëllef kréien, déi si direkt bräichten, respektiv déi net wëssen, wat de Muer an den Iwwermuer mat sech bréngt.

Mir sichen eis also all net eraus, wou a wéi mer op dës Welt kommen a kënne dat och net beaflossen.

Allerdéngs: Ab deem Moment, wou e Kand bis gebuer ass, an da kommen ech op Lëtzebuerg, sinn et wuel d'Gesellschaft an déi politesch Entscheedungen, déi geholl ginn, déi d'Wichtigkeet vum Kand a senger Entwécklung ënnersträichen an definéieren an déi e groussen Afloss op d'Kand op sengem Wee zu engem Jugendlechen an engem Erwuessenen hunn.

Anescht gesot: Et ass d'Gesellschaft an déi jeeweileg politesch Prioritéite vun der Majoritéit, déi d'Hëlfestellungen fir d'Kanner an hirer Entwécklung definéieren. An do gëllt et, keng Zäit ze verléieren! Et ass fir mech perséinlech wichteg, dass e Kand, dat hei op d'Welt kënnt oder heihinner plënnert a sech an eiser Gesellschaft wëllt eng Zukunft opbauen, déi bescht Ënnerstëtzung kritt, fir sech kënne ze entfalten an ze entwéckelen. Maache mer eis näischt vir. Dat ass am Sënn vum jeeweilege Kand, ganz kloer, mee genauso am Sënn vun eis allegueren heibannen an och dobaussen, nämlech vun eiser ganzer Gesellschaft, dass mir Kanner hunn, déi hire ganz spezielle Wee fannen.

Et wär elo einfach an et kéint ee soen: „An engem räiche westleche Land, wéi mir et sinn, do huet jo kee Kand e Problem!“ Deem ass natierlech net esou an ech kommen drop zrëck. Mee wat wichteg ass, dat ass, dass an engem Land, wéi mir et sinn, mir eis et kënne a wëlle leeschten, fir déi villfältig Erausforderungen, déi déi ënnerschiddlech Kanner an eise Land hunn, Léisungen ze proposéieren.

Heiansdo ass dat net esou einfach, wéi et elo vläicht an der Theorie klénkt. D'Zäit ass e Faktor, Gedold ass och e Faktor. A besonnesch wann ee beträff ass vun deem engem oder anere Problem, an dat ass jo ganz oft och fir d'Elteren de Fall, dann huet een d'Gefill, datt d'Zäit engem fortleeft. Firwat kréien ech net elo direkt eng Léisung fir dee Problem? Ech mengen, dat ass menschlech. Trotzdeem, an da si mir matten am Sujet vun haut: D'Schafe vun deene selwechte Startchancen ass ouni Zweifel eng vun de gréissten Erausforderungen vun eiser Gesellschaft am groussen Ganzen a vun der Schoul am Speziellen.

Jiddweree muss d'Méiglechkeet hunn, den héchstméigleche Bildungsniveau ze erreechen, dee sengen Talenter an och senger Wënsch entsprécht, well dovun hänkt net nëmme d'Zukunft vun de Kanner a Jonken of, mee d'Zukunft vun eiser ganzer Gesellschaft, jo, vun eise ganze Land!

Wann d'Gesellschaft sech permanent weiterentwickelt, kann an dierf d'Schoul natierlech net stoe bleiwen. D'Rezepter aus dem leschte Joerhonnert géifen haut net duergoen, e Jonken op seng Zukunft virzubereeden. Dofir evoluéiert eis Gesellschaft vill ze séier mat ëmmer erëm neien Erausforderungen. Dat wëll ech elo absolut net als negativ verstane hunn. Déi Evolutioun, déi bréngt eis als Gesellschaft jo duerchaus Virdeeler.

Ënnert dem Motto „Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“ huet de Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend an de leschte Joren eng ganz Rëtsch Reformen ëmgesat, fir de Lëtzeburger Schoulsystem ze diversifiéieren. An ech fannen dat Bild „Et gëtt net just déi eng Schoul, mee et gëtt vill Schoulen, déi all ënnerenee liicht anescht sinn, an du als Jonken, als Kand, fënns de System, dee bei dech passt, fir dass du däi Wee kënns goen“ einfach richteg. Net d'Kand muss an e System gepresst ginn, mee et gëtt vill Méiglechkeete fir dech selwer, fir zum individuellen Erfolg ze kommen, an deen individuellen Erfolg ass am Endeffekt en Erfolg fir d'ganze Gesellschaft.

Komme mer bei e puer Beispiller, an ech ënnersträiche wierklech, just e puer Beispiller, déi ëmgesat

goufen, fir méi kënne op dat individuell Talent vum Kand a vum Jugendlechen anzegoen.

Am Secondaire goufen zum Beispill nei Sektouren agefouert, ganz wichteg. D'Beruffsausbildung gouf duerch nei DAPen opgewäert. An och um BTS-Niveau sinn nei Formatiounen entstanen.

Am Fondamental gouf d'Konzept vum differenzéierten Unterrecht verdéift, e Konzept, dat ganz wichteg ass. Et goufe sechs ëffentlech Europaschoule gegrënnt, ech kommen herno nach drop zrëck.

Dat si just, wéi gesot, e puer Stéchwierder vu Reformen a Pisten, déi mir des Ëfteren heibanne schon diskutéiert hunn an déi derzou bäidroen, eis Bildungslandschaft méi faarweg a méi effikass ze maachen an de Kanner besser Chancen op e gudden Diplom ze erméiglechen.

Jo, och dat soll ee soen: Haut gëtt et ëmmer nach eng Partie Ongläichheeten am System, trotz de ville Mesuren, déi schon ëmgesat goufen. Ech erlaube mir och ze soen, dass et wuel ni en 100 % perfekte Schoulsystem wäert ginn, deen zu all Moment all Kand genee déi nimmlech Perspektive kann ubidden, net zu Lëtzebuerg an och soss néierens op der Welt.

Trotzdeem, an dat ass eisen Opdrag, mussen mir probéieren, eis Schoul esou breet wéi méiglech opzestellen. A mir dierfen ni ophalen, eise System ze präiwien, ze evaluéieren an, wann néideg, un d'Entwécklung vun eiser Gesellschaft unzepassen.

Eng grouss Beräicherung fir d'Gesellschaft a gläichzäiteg eng grouss Erausforderung fir d'Startchancë vun den eenzele Kanner sinn déi vill verschidde Sproochen, déi hei am Land an de Famille geschwat ginn. A kengem anere Land an Europa fënnt een hautdesdaags esou eng grouss Diversitéit u Kulturen, Nationalitéiten a Sproochen wéi zu Lëtzebuerg. An obwuel dës Villfalt, an dat ënnersträichen ech, ganz kloer eng Beräicherung fir eis Gesellschaft ass, esou stellt eis dës Situatioun an der Schoul och all Dag virun eng Erausforderung.

Déi sproochlech a kulturell Diversitéit souwéi och déi sozioekonomesch Entwécklung vun eiser Gesellschaft spigelen sech natierlech kloer an de Schoulen erëm. Dofir brauche mir eng Bildungsoffer, déi reegelméisseg un eis Schüler an eis Situatioun adaptéiert gëtt. Wa mer nämlech all Kand fair Start- an Zukunftschancë wëlle bidden, dann dierfen d'Mammesprooch oder de Revenu oder de Bildungsniveau vun den Elteren keng Barriär fir déi schoulesche Reussite vum Kand duerstellen.

Wa mir wëllen, dass all Kand an der Schoul seng Plaz fënnt, dass all Kand an der Schoul ka reusséieren an dann d'Chance op e gudden Diplom kritt, da brauche mir eng breet gefächert Bildungsoffer, déi den individuellen Kompetenzen a Besoine vun de Kanner gerecht gëtt. Mir brauchen eng Panoplie u Schoulen, u Bildungsweeer, un ënnerschiddleche Programmer, u Léiermethoden, déi all Kand d'Méiglechkeet gëtt, fir seng Talenter, seng Virleefen a seng Kompetenzen kënne ze entfalten.

Hautdesdaags geet et net méi duer, fir just een eenzegen uniforme Modell u Schoulen ze offréieren, fir all Schüler iwwert dee selwechte Leescht ze zéien. Dat geet haut net méi.

Natierlech wäert de classeschen Enseignement, esou wéi mir e kennegeléiert hunn an och eis Grousselteren an eis Elteren, och an Zukunft e wichtege Piller an eiser Bildungslandschaft bleiwen. Mee dat heescht awer net, dass mir de Schüler nieft de classeschen – nennen ech dat emol – Grondschoulen a Lycéeën net och alternativ Schoulmodeller mussen a



solle proposéieren. Wat mir de Jonke méi eng grouss Palett un ënnerschiddleche Bildungsweeër proposéieren, wat d'Chancë méi grouss ginn, dass si eng Offer fannen, déi bei si passt an déi hinnen och Freed mécht.

Ech kommen nach emol op déi villfälteg Sproochesituatioun zréck. Besonnesch Kanner mat Migratiounshannergrënn hunn et oft méi schwéier a kommen dann och ganz oft zu Léierretarden, dat awer absolut net – an dat, mengen ech, ass ganz wichteg, dat wësse mer och all heibannen, mee et soll een et ëmmer erëm ënnersträichen –, well si manner gutt wäeren oder well se manner kapabel wäeren, mee ganz einfach, well den Zougang zum Wëssen, zum Sechsentwëckelen exklusiv iwwert déi däitsch oder och Lëtzebuergesch Sprooch leeft. Déi meescht heivu betraffe Kanner awer, déi schwätzen doheem eng romanesch Sprooch, sief dat Portugiesesch, Spuenesch, Italieenesch, Franséisch. An eise Grondschoule gëtt de Gros vun de Coursen allerdéngs op Däitsch oder op Lëtzebuergesch ofgehalen, wat definitiv keng romanesch Sprooch sinn.

Dofir fält et dann de kleng Portugisen, de kleng Spuenier, de kleng Fransousen, de kleng Italieener oft méi schwéier, dës Sproochen dann och ze léieren. A wann ee bedenkt, dass d'Alphabetiséierung an der Grondschoul op Däitsch verleeft, da versteet een, wisou et esou vill Schüler gëtt, déi vun Ufank u Schwierigkeiten an der Schoul hunn. Déi Kanner, déi vun doheem aus weeder mam Lëtzebuergesch nach mam Däitschen a Kontakt kommen, mussen fir d'éischt déi sproochlech Kompetenzen entwëckelen, fir den Unterricht ze suivéieren, éier si iwwerhaupt d'Matière vum Cours kënnen erfaassen. Den Ënnerschied tëscht der Mammesprooch an där Sprooch, déi fir den Unterricht benotzt gëtt, ass deemno eng vun den Haaptursaache bei Léierretarden an der Grondschoul.

Leider feelt et enger ganzer Rei u Schüler och doheem un Ënnerstëtzung, well hir Elteren entweder keng Zäit hunn, fir mat hinnen ze léieren, oder selwer och d'Sprooch vum Unterricht net kënnen. Et ass dofir net erstaunlech, dass do, wou d'Offer besteet, prioritär an enger Mammesprooch sech kënnen ze entwëckelen, also den Zougang zum Wësse méi natierlech an einfach ass, déi Offer och enger risegrousser Demande ausgesat ass. Besonnesch de Modell vun den ëffentlechen Europaschoulen huet sech hei als immens grouss Succès erweisen. A mat der École Gaston Thorn, déi fir d'nächst Rentrée jo an de Startlächer steet, wäerte mir déi Offer weider ausbauen, soudass se am ganze Land an alle Regiounen vertrueden ass.

Ech sinn immens frou, dass mir eis Bildungslandschaft mat den ëffentlechen Europaschoulen e gutt Stéck méi gerecht konnte maachen, dass mir e schoulescht Konzept geschaaft hunn, wou all Kand onofhängeg vu senger Mammesprooch ka reusséieren.

Ech wëll op dëser Plaz och nach emol betounen, dass et hei net drëms geet, fir Lëtzeburger an Netlëtzeburger ze trennen, grad au contraire. Et wëll een de Kanner d'Méiglechkeet ginn, fir sech lues a lues no hirem eegene Rhythmus beschtméiglech ze entwëckelen. A mam Pilotprojet a véier Gemengen, wou et an de reguläre Grondschoule méiglech wäert ginn, d'Alphabetiséierung entweder op Däitsch oder op Franséisch ze maachen, gëtt eng weider Pist opgemaach fir eng eenzeg Saach: de Kanner, also eiser Zukunft e Wee unzëbannen, an där si net just Hürde viru sech gesinn, mee wou se sech mat Freed kënnen weider entwëckelen, eng Initiativ, déi ech am Numm vun der Demokratescher Partei voll a ganz ënnerstëtzen.

Här President, all Kand huet seng eegen Aart a Weis fir ze léieren, fir sech op Prüfungen ze preparéieren, fir seng Hausaufgaben ze maachen. Während déi eng dat ganz autonom maachen an dat gutt fonctionéiert, sinn déi aner op reegelméisseg Ënnerstëtzung, méi oder manner vill, vun hiren Elteren, Frënn oder Geschwëster ugewisen. Natierlech ass et zäitlech gesi fir eng Rei Eltere wierklech net einfach, fir hir Kanner beim Léieren ze ënnerstëtzen, zemoos wa se zu zwee schaffe ginn. Hei dernieft gëtt et leider och zu Lëtzebuerg awer dat, wat ee bildungsfern Familljen nennt, déi de Wäert vun der Schoul vläicht och net ëmmer richtig anuerdnen. Hei ass et wichteg, dass de Staat esou fréi wéi méiglech agräift, fir gréisser Léierretarden ze verhënneren. A genee op dësem Punkt huet den Educationministère an de leschte Jore grouss Efforte geleescht, ugefaang mat der Qualitéitsoffensiv an der nonformaler Bildung a mat der Aféierung vun 20 Stonne gratis Kannerbetreuung an de Crèche.

D'Zil heivunner war et, all Kand – ech betounen all Kand! – eng héichwäerteg a méisproocheg Fréifërderung ze offréieren, fir hinnen dës le départ fair Start- a Bildungschancen ze erméiglechen.

An der Continuitéit vun dëser Logik wäerten och d'Maison-relais vun der nächster Rentrée u gratis ginn. Am Numm vun der DP begrëssen ech dës sozial Mesure. Hei kréien d'Kanner Accès op eng Betreuung, op eng Hëllefstellung, déi si esou net ëmmer doheem kéinte kréien. An ech schwätzen hei net just vun enger Assistenz beim Léieren oder bei enger Hausaufgab, mee och zum Beispill wann ee psychologesch Ënnerstëtzung brauch.

An de Schoule maachen d'Enseignanten hiert Besch, fir d'Kanner mat Léierretarden esou intensiv wéi méiglech ze betrieien, sief et duerch Differenzierung vum Unterricht oder duerch d'Hëllef vun zousätzlechen Intervenanten.

An hei wëll ech nach eng Kéier op eppes zréckkommen, wat mer och schonn des Éfteren hei diskutéiert hunn a fräi nom Hattie: Dee wichtigste Personnage an enger Klass ass deen, dee vir steet. E steet net ëmmer vir, mee do, wou e steet. An dofir, mengen ech, ass et émsou méi wichteg, dass mer eis ëmmer erëm an de Kapp setzen, dass mer d'Enseignantë beschtméiglech mussen forméieren, dass och déi beschtméiglech forméiert Enseignanten op d'Klasse gesat ginn, do wou et méiglech ass, fir d'Zukunft vun eise Kanner.

Doriwwer eraus huet den Educationministère mat der „Summerschool“ an der Plattform „Schouldoheem“ nei Initiativen an d'Liewe krëff, fir d'Léierretarden esou schnell wéi méiglech kënnen opzefänken. A mat der Aféierung vun der landeswäiter gratis Hausaufgabenhëllef, déi de Mëtten och schonn erwänt ginn ass, ass fir d'Rentrée eng weider wichteg Mesure geplangt.

An engem gerechte Schoulsystem mussen mir natierlech och d'Prise en charge vu Schüler mat Léierschwierigkeiten wéi Dyslexie oder Dyscalculie, fir der nëmmen zwou ze nennen, a vu Kanner mat Verhaltensstéierungen assuréieren. Mat de Kompetenzzentren hu mir do eng effikass Léisung en place gesat, fir och dës Kanner déi beschtméiglech Bildungs- an Zukunftschancë kënnen ze bidden.

Oft brauchen dës Kanner eng Prise en charge, déi iwwert d'Kompetenz vun der Schoul an iwwert d'Durée vum Unterricht erausgeet. Et ass dofir immens wichteg, dass mir dës Kanner och no der Schoul Plazen ubidden, wou si sech wuel spieren a wuesse kënnen a wou si en oppent Ouer an Ënnerstëtzung fannen. A genee do kommen ech dann nach eng Kéier bei d'Maison-relais.

Déi nonformell Bildungshaiser iwwerhuelen eng grouss Verantwortung, wann et ëm d'Resilienz an ëm d'Wuelbefanne vun eise Kanner geet. Natierlech wäert d'Kannerbetreuung och an Zukunft just eng Offer sinn, déi de Staat an d'Gemengen den Elteren ubidden. Et bleift hinne fräi iwwerlooss, ob si dovunner Gebrauch wëlle maachen oder och eeben net. An deem Kader sinn ech och frou, dass fir d'Rentrée an all de 15 Schoulregiounen Elterefore geschaaft ginn, wou d'Elteren Informatiounen a Rotschléi iwwert d'Entwëcklung an d'Ënnerstëtzung vun hirem Kand a vu Kanner allgemeng kënnen kréien.

Nieft enger breeder Palett un Ausbildungsméiglechkeeten an enger héichwäerteger nonformaler Bildungsoffer spillt och d'Orientatioun eng immens wichteg Roll fir d'Chancéglichheet vun eise Bildungssystem. Och dat ass de Mëtteg scho gesot ginn. An ech mengen, do si mer eis och eens. Virun allem de Passage vum Fondamental an de Secondaire gëtt oft als entscheidend Etapp fir d'Zukunft a fir déi schoulesch Karriär vum Kand gesinn.

Wa mir wëllen, dass all Schüler déi nimmlech Bildungschancen huet, da mussen mir derfir suergen, dass d'Orientatioun an de Schoulen esou gutt wéi méiglech op d'Stärkte vum Kand kann agoen.

Doriwwer eraus ass et wichteg, den Dialog tëscht de Kanner, den Elteren an den Enseignanten ze fërderen. D'Eltere sollen esou fréi wéi méiglech an d'Diskussion iwwert d'Orientatioun vun hirem Kand matagebonne ginn an e Matsproocherecht bei de finalen Entscheedungen hunn. Ech begrëssen dofir, dass de System vun der Orientatioun 2017 reforméiert gouf an elo méi transparent an och participativ ass.

Déi mannste Schüler wëssen haut schonn op enger – soen ech emol – Quatrième, wéi e Beruff se spéiderhi wëllen üben. Dofir ass et wichteg, Mesuren ze schafen, déi hinnen hëllefen, hire richteg Choix fir hir schoulesch a beruflech Perspektiven an Zukunft kënnen ze treffen.

An deem Kader wëll ech besonnesch d'Initiativ „Diplom+“, d'Maison de l'orientation an déi nei Schoulfoire ervirhiewen. Bei der éischter Mesure handelt et sech ëm eng eejäreg Formatioun, déi den Iwwergang vum Lycée op den Aarbechtsmaart erlichtere soll. No der Première kënnen déi Jonk hei Soft Skills a Praxiserfahrung sammelen, déi hautdesdaags an och zukünfteg um Aarbechtsmarché gesicht wäerte ginn.

D'Maison de l'orientation – hate mer och schonn e puermol hei – regroupéiert sämtlech Acteure vun der Bildungs- a Berufsberodung a bitt deene Jonken eng zentral Ulaflaz, fir Froen iwwer hir schoulesch a beruflech Orientatioun ze klären.

Dëst Joer gouf dann och déi éischt national Schoulfoire organiséiert, wou all d'Offere virgestallt goufen, déi de Lëtzeburger Bildungssystem ze bidden huet. D'Schüler aus dem Cycle 4 haten d'Geleeënheet, fir d'Lycée mat hire Formatiounen a Berufsausbildungen kënnen kennen ze léieren a sech eng Iddi ze maachen, a wéi eng Schoul si spéiderhi wëlle goen.

Och fir d'Schüler aus dem Secondaire war dës Foire ganz interessant, well si do ganz vill Inspiratioun konnte fanne fir de Choix vun hirem Sektioen. Hei donieft konnte si d'Panoplie vun den Handwerksberuffer entdecken, déi am Kader vun de LuxSkills-Concours virgestallt goufen.

D'Zil vun enger gudder Bildungspolitik muss et sinn, fir all Kand d'Chance op e gudden Diplom ze erméiglechen. Engersäits mussen mir also garantéieren, dass de Schoulsystem fair ass a jidderengem déi nimmlech Perspektive bitt, an anerersäits mussen mir verhënneren, dass déi Jonk sech am System verléieren, hir

Formatioun fréizäiteg ofbriechen an ouni Diplom um Aarbechtsmarché ukommen.

Obwuel mir zu Lëtzebuerg am Verglach mat aneren europäesche Länner relativ gutt dostinn, wat den Décrochage scolaire betrëfft, sou ginn et och am Grand-Duché nach ëmmer Jonker, déi fréizäiteg d'Handbuch werfen an d'Schoul ouni Ofschloss verlossen. An all Jonken, deen dat mécht, ass ee Jonken ze vill!

Och wann den Taux de décrochage iwwert déi leschte véier Joer relativ stabil bliwwen ass, sou heescht dat net, dass mir d'Ae virun deem Problem dierfe verschléissen. All eenzele Schüler ouni Ofschloss ass een ze vill, ech hunn et gesot. Ouni Ofschloss ass et extreem schwéier, um Aarbechtsmarché Fouss ze faassen, an aus de leschten Etüde geet ervir, dass nëmme ronn 10 % vun de Schouloufbruecher zwëschen 16 an 18 Joer eng bezuelt Aarbecht zu Lëtzebuerg fonnt hunn. Dat heescht also och, dass 90 % vun hinnen ouni Akommes an ouni sécher Zukunft dostoungen.

Als Politik mussen mir do Verantwortung iwwerhuelen an no Léisunge sichen, fir e fréizäitege Schouloufbroch ze verhënneren. D'Eropsetze vun der Schoulpflicht vu 16 op 18 Joer ass do sécher en éischte wichtege Schrëtt, deen ech am Numm vun der DP begrëssen. Natierlech geet et hei net drëms, fir déi Jonk just zwee Joer méi laang op eng Schoulbänk ze setzen an ze hoffen, dass se iergendwann einfach vu sech aus d'Motivatioun erëmfinden, fir ze léieren an en Ofschloss ze maachen.

Wa mir déi Schüler, déi sech am System veriert hunn, déi am Lycée, wou se sinn, net méi hir Plaz fannen a riskéieren, d'Bengele bei d'Tromm ze geheien, wierklech erreechen an zréck an eist Boot kréie wëllen, da mussen mir alternativ Bildungsweeër schaffen, déi hinnen d'Méiglechkeet ginn, en Diplom ze kréien. Mir mussen engersäits alternativ Léieroffere schaffen, déi op d'Profiler vun de Schüler ofgestëmmt sinn, an anerersäits och Träger aus dem sozioedukative Beräich matabannen, fir Problemer ze léisen, déi ausserhalb vum schoulesche Beräich leien.

Den Ament gëtt et zu Lëtzebuerg schonn eng Partie Strukturen, an deenen déi Jonk verschidden handwierklech Aktivitéiten kënnen ausprobéieren an och eenzel Moduller kënnen zertifizéiert kréien. D'Zil vun dese Strukturen ass et, déi Jonk fir eng Berufsausbildung ze motivéieren an esou de Sprong zréck an d'Schoul ze fannen.

Wa mer déi Jonk wëlle fit fir d'Zukunft maachen, dann ass et eebe wichtege, dass mir de Schoulprogramm an d'Realitéit vum Aarbechtsmarché an un d'Besoinen vun de Betriber upassen. D'Vermëttlung vun digitalen Kompetenzen zum Beispill steet hei kloer am Vordergrund. An de leschte Joren huet den Educatiounsministère ënner anerem mat der Aféierung vum Coding am Fondamental, dem Fach „Digital sciences“ an enger Informatiksektioun am Lycée an der Kreatioun vum „Digital Learning Hub“ grouss Effort gemaach, fir déi Jonk op en digitalen Aarbechtsmarché virzebereden.

Hei dernieft gouf gekuckt, fir déi Secteuren ze promouvéieren, déi den Ament e Mangel u qualifizierten Aarbechter affichéieren. Op der Uni Lëtzebuerg goufen och zum Beispill d'Medezinnstudien ausgebaut a fir d'Rentrée wäert eng nei Sektoren fir Pédagogie a Psychologie am Lycée ugebuede ginn.

Dat waren elo 20 Minutte von bis an déi kéinte mer elo nach eng Kéier mat 20 Minutte fëllen, mee ech fäerten, do huet een eppes dergéint oder op d'mannst een. Als Konklusioun vun deenen 20 Minutte kënnen mer festhalen, dass an de leschte Jore scho vill ënnerholl gouf, fir eise Schoulsystem méi effikass, méi inklusiv an och méi fair ze maachen. Wéi ech schonn am

Ufank vu menger Ried betount hunn, dierfe mer och an Zukunft op kee Fall ophalen, eis Bildungsoffer weider ze diversifizéieren a reegelméisseg un d'Entwécklung vun eiser ëmmer méi heterogener Gesellschaft unzupassen.

D'Qualitéit, d'Chancëgläichheet an d'Preventioun vum Décrochage scolaire wäerte weiderhin d'Prioritéiten vun eiser nationaler Bildungspolitik bleiwen, fir dass mir all Kand ëmmer erëm déi beschte Zukunftsperspektive kënnen bidden. Mir hu staark Kanner. Et ass eis Aufgab, si an hir spezifesch Stärken ze fërderen. Dofir loosst eis weider ënnerschiddlech Schoule schaffen, an deene si sech wuel spieren, an deene si hir Talenter a Kompetenzen fräi entfale kënnen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement. An nächsten ...

*(Exclamations et hilarité)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Also, Här President, ech hunn nach e bësse méi Hoer, wannechgelift.

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Clement ass just erakomm, duerfir hat ech dunn elo deen ... jo.

*(Hilarité)*

Merci villmools, Här Lamberty. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, d'Schoul soll op d'Liewe virbereeden. Esou banal, wéi dat och kléngt, esou enorm ass en fait den Defi. Well et heescht näischt anescht, wéi datt eise Schoulsystem vun haut d'Generatiounen vu muer muss fit maache fir d'Gesellschaft vun iwwermuer. Eis zentral Erausforderung sinn d'Heterogenitéit vun der Schülerlandschaft an d'Vermëttelung vun de Kompetenzen, déi eis Kanner am 21. Joerhonnert brauchen.

Virun déck zwee Méint, am Kader vu menger Interpellatioun iwwert déi internationale Schoulen, hu mer hei schonn emol iwwert der Regierung hir Léisungsansatz geschwat, fir mat där sougenannter Hyperdiversitéit vun der Schülerpopulatioun eens ze ginn an d'Inegalitéiten net nach méi wuessen ze loosseren. Ech soen der Madamm Cecchetti awer Merci, dass mer haut nach eng Kéier iwwert dee Sujet schwätzen.

Well et ass eeben nach ëmmer esou, dass eis Schoul d'Chancenongerechtkeet reproduzéiert, dass Kanner aus akommeschwache Famillen, bei deenen doheem kee Lëtzebuergesch oder Däitsch geschwat gëtt, duerch eisen traditionelle System benodelegt ginn.

De Bildungsbericht 2021 seet ganz kloer, dass eebe Schüler aus deene Milieuen an alle Kompetenzberäicher méi schlecht gi sinn, an dat onofhängeg vun de Suite vun der Pandemie. D'Schoul funktionéiert net als soziale Lift. Am Géigendeel! Amplaz, dass déi Kanner, déi am meeschten op d'Ënnerstëtzung vun der Schoul ugewise sinn, no uewe bruecht ginn, ginn der vill duerch de System carrement an de Keller geschéckt oder se klammen einfach eraus. Domadder wëll a wäert d'LSAP sech net offannen!

Här President, zu der Sproocheproblematik: Just een Drëttel vun de Kanner, déi ageschoult ginn, huet Lëtzebuergesch als Mammesprooch, dat wësse mer. Si kënnen déi aktuell Uspréich an de Sproochefächer ganz dacks kaum bis guer net erfëllen. Dacks gëtt schonn am Cycle 3 dowéinst de Grondstee geluecht fir eng schoulesch Karriär voller Frustratioun an Ongerechtegkeeten.

Mee den Trilinguisme gehéiert zu Lëtzebuerg, ass a bleift en Atout fir deen, deen déi dräi Sproochen maistriséiert a spillt net zulescht eng wichtege Roll fir eist Land, och am Zesummeliewe mat eisen Nopere. D'Sproochekenntnisser maachen Dieren op – net nëmmen, mee och – am Berufsliewen. Fir déi, déi awer Problemer domadder hunn, kënnen d'Sproochen eng Barriär sinn, heiansdo eng Bëttonsmauer. Mir wëllen a mir dierfen net nokucken, wéi d'Kanner an d'Sproochemauer rennen. Dat ass eng Fro vu Chancëgerechtegkeet an dobäi geet et net nëmmen ëm d'Fro vun eenzele Schicksaler, mee ëm eis als Gesellschaft, déi sech de Luxus net leeschte kann, Dausenden an Dausende Kanner a Jugendlech ze verléieren, well mer hinnen net déi néideg Hëllef ginn, fir iwwert déi Sproochemauer do ewechzekommen.

Ënnerschiddlech Kanner brauchen dobäi ënnerschiddlech Hëlfe. Mir brauche méi wéi jee e System, deen hir Stärken fërdert an net d'Kanner opgrond vun hire Schwächen ausbremst. Multikulturalitéit a Plurilinguisme si Stärken vun eisem Land a fir eist Land. Mir mussen se just richtig upaken an asetzen an do ass de Motto vum Educatiounsministère „Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“ scho ganz richtig.

Mat den öffentliche internationale Schoulen, déi jo agreéiert Europaschoule sinn, si mer op de Wee gaangen, d'Offer vun de Schoulen a Schoulsystemer ze diversifizéieren, fir de Schüler an hiren Elteren d'Geleeënheet ze ginn, tëscht verschiddene Systemer ze wielen.

Am Hierscht bei der Rentrée ginn et sechs där Schoulen. Am Ganzen hu se, wann ech mech richtig erënnere, duerno eng Capacitéit fir 8.000 Schüler. D'Demande ass grouss, awer et ass mir nach net ganz kloer, wéi à moyen terme d'Zesummespill vun den internationale Schoulen an deem traditionelle Schoulssystem soll ausgesinn. Bleift dat awer en Niewenteneen oder gëtt et e Mateneen? A wéi ginn d'Enseignanten an Zukunft fir dese System oder déi zwee Systemer konkret ausgebilt a virbereet? Mir sinn och gespaant op déi éischt Etüden an Analysen iwwert dee Schoulmodell. D'Resultater si jo fir Fréijour 2023 versprach ginn.

Fir d'LSAP ass et kloer, dass een dat Gutt aus der traditioneller Schoul muss bäibehalen an optimiséieren an dat Bessert aus den europäesche Schoule muss iwwerhuelen an integréieren.

Här President, de Ministère huet sech un deem internationale Modell inspiréiert, fir e weidert Puzzlestéck fir méi Chancëgerechtegkeet anzeféieren, nämlech d'Alphabetiséierung op Franséisch. Bei der Rentrée am September elo ginn a véier Gemengen, mengen ech, Pilotprojete lancéiert, fir Kanner am éischte Schouljoer d'Lieser an d'Schreier op Franséisch bäizebréngen. Hei ass et wichtege, ze betounen, dass d'Kanner eeben herno am Cycle 4.2, am ale sechste Schouljoer, sollen a béide Sproochen, also op Däitsch an op Franséisch, en änlechen Niveau hunn, fir dann zesumme kënnen ënnerriicht ze ginn.

Zu Diddeleng si schonn 20 Kanner, déi sech ageschriwwen hunn, fir op Franséisch alphabetiséiert ze ginn. Ech si ganz gespaant, wéi dese Pilotprojet sech entwéckelt. Dat sinn elo zwou Initiativen, déi solle verhënneren, dass déi Bildungsschreier weider auserneegeet fir déi Schüler, déi riskéieren, opgrond vun de Sproochen op der Streck ze bleiwen.

Et gëtt awer och nach aner Modeller an ech wollt der hei zwee uschwätzen. Zum Beispill „Eis Schoul“, déi jo eng „école primaire de recherche de l'État“ ass, déi virun allem mat inklusiver Pédagogik schafft. D'Kanner ginn do op Däitsch alphabetiséiert. Ab dem



Cycle 2.2, wou Franséisch derbäikéint, gëtt dann awer drop gehalen, méi wéi just am franséische Sproochen-unterrecht franséisch ze schwätzen. Dat heescht, am Cycle 3, also dem drëtte Schouljoer, gëtt et an „Eis Schoul“ systematesch franséisch Wochen an däitsch Wochen. Den Unterrecht ass ofwiesselnd déi ganz Woch iwwer op Franséisch an déi Woch drop da ganz op Däitsch. An dacks läit a Fächer wéi zum Beispill Mathé den Text vu Sachaufgaben an deenen zwou Sprooch vir, mee d’Kanner ginn awer gefrot, an där Sprooch, déi eeben an där Woch ugesot ass, ze äntwieren.

Vun deem, wat ech héieren hu vun deem dote System, hëlleft et de Kanner immens, sech iwwer e méi laangen Zäitraum an enger Sprooch auszudrécken. „Eis Schoul“ ass, wéi gesot, eng École de recherche. Dat heescht, d’Praktiken, déi do gutt fonctionéieren, sollen am Reegelunterrecht agefouert ginn. Wier et also eng Méiglechkeet, och an de Primärschoule vun de Gemengen ab dem Cycle 3 däitsch a franséisch Wochen anzeféieren?

En anert Beispill kéint aus dem Elsass. Do gëtt et zanter den 90er-Jore Primärschoullklassen, déi zweesproocheg sinn. D’Kanner hunn do zwee Enseignanten, een, dee just Franséisch schwätzt, an een, dee just Däitsch schwätzt. D’Kanner léieren also vum éischte Schouljoer un déi zwou Sprooch parallel – gläichzäiteg D’Kanner sinn herno an deenen zwou Sproochen d’selwecht doheem a kënnen an enger Partie Lycéien och de biligualen Abi/Bac maachen. Interessant!

Eent ass fir eis jiddefalls ganz kloer: Et dierf net sinn, datt Schüler mat Potenzial, zemoos an de MINT-Fächer (ndlr: Mathematik, Informatik, Naturwëssenschaften, Technik), duerch de System rutschen, well se Problemer hunn an enger Sprooch. Dat ass einfach en ze vill grouss Verloscht fir eis Wëssensgesellschaft, fir eis Recherche, fir eisen Aarbechtsmaart. Mir brauchen dach händeregend héichqualifizéiert Leit an den Effort, fir se selwer auszubilden, amplaz se ëmmer méi wäit doruechter sichen ze goen, musse mer weider verstärken.

D’Sprooch sinn awer net deen eenzege Grond, firwat d’Bildungsschüler esou wäit op ass. Ganz banal kann dat och d’Gemeng sinn – de Wunnuert –, déi den Ausschlag ka gi fir d’Schoulkarriär. Et ass nun emol guer net egal, wou ee wunnt. Vun den Infrastrukture fir formal an nonformal Bildung bis zum Encadrement an der para- a periscolaire Offer gëtt et vill verschidde Modeller. Fir d’LSAP dierf de Wunnsätz awer kee Facteur fir de Choix an d’Qualitéit vun der Education sinn. All Schüler muss kënnen vun där selwechter Offer profitéieren, fir an déi Schoul ze goen, déi am beschte bei hie passt. Dat gëllt fir d’Primärschoul gradesou wéi fir de Secondaire.

An hei gëtt et e puer Ënnerscheeder: Zemoos fir Kanner mat spezifesch Besoinen kann d’Gemeng eng grouss Roll fir den Encadrement spillen. D’Gemeingautonomie ka fir déi eng Chance sinn a fir déi aner e Problem. Verschidde Gemenge bidden extreem wäertvoll Projeten un, zum Beispill e Schoulgaart, oder se hu speziell Strukturen oder Services en place, zum Beispill Spezialisten, déi mat Psychomotricitéit schaffen. Fir d’LSAP mussen all d’Gemengen op d’mannt e Mindeststandard vun der Inklusion erfëllen.

Leider ass et awer esou, datt a verschiddene Gemengen ofgesi vum Léierpersonal keng Usprichpersounen fir d’Elteren do sinn, wa se Froen zu der Situatioun vun hirem Kand hunn, déi se bei der Entscheedung ënnerstëtzen, dee beschte Choix fir hiert Kand ze treffen: Ass et a senger Schoullklass och gutt opgehooll? Oder solle se eng Demande maache fir eng Plaz an

engem Kompetenzzenter? Wéi ass iwwerhaupt déi aktuell Situatioun vu Kanner mat spezifesch Besoinen zu Lëtzebuerg? Kënnen all d’Kanner, fir déi de Kompetenzzenter de beschte Choix ass, och effektiv do opgehooll ginn? Wéi laang dauert et an der Moyenne vum Moment, wou den Enseignant deen alleréischte Formulaire ausfüllt, bis datt d’Kand kann an dee Kompetenzzenter goen?

Mir dierfe wierklech net vergiessen, datt dat en enormen Impakt huet, déi richteg Hëllefstellung fir d’Liewe vun deem Kand ass. Zemoos bei Kanner mat spezifesch Besoinen ass et wichteg, esou séier wéi méiglech ze agéieren, ze depistéieren, fir d’Kand esou ze betrieien, wéi et et brauch, am Interessi vum Kand selwer an och am Interessi vum senger Schoullkomeroden.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Lëtzebuerger Bildungssystem liwwert keng adequat Äntwerte fir déi sozial Diversitéit vum Land. Dat schreien d’Experten am Nationale Bildungsbericht 2021. Wat d’Orientéierung ugeet, ginn hei kloer Defiziter vum eise Schoulsystem opgezeechent. De sozialen Hannergrond vum Jonke spillt hei beispillsweis beim Iwwergang vun der Grondschoul an de Secondaire eng dach bedenklech Roll.

Ech hunn dat hei schonn e puermol gesot, d’Maddam Hansen huet et och virdrun ernimmt an ech insistéieren nach eng Kéier drop: Am virleschte Schouljoer si Jugendlecher aus sozial aiséierte Familien zu 72 % an den Enseignement classique orientéiert ginn, aus sozial benodeelegte Famillen waren et just 16 % vun de Jugendlechen, an Ënnerschied vu 56 Prozentpunkten. Méi erschreckend nach wéi des Zuelen u sech ass awer folgend Ausso vum de Bildungsfuerscher: Géif ee reng déi ënnerschiddlech Schoulléechungen betruechten, léich den Ënnerschied nëmme bei 15 %. Dat ass en Ënnerschied vun iwwer 40 Prozentpunkten, dee reng op de Background an net op d’Leeschtung vun de Schüler zrëckzeféieren ass! Dat ass a bleift fir mech a meng Partei inakzeptabel an ech sinn der Meenung, datt d’Regierung do weider Efforte muss maachen, fir deem entgéintzewierken!

Fir bei eng positiv Entwécklung eriwuerzegoen: Ech si ganz frou, datt de „guichet unique“ vun der Maison de l’orientation an der Stad elo seng Dieren opemaach huet. Dës Ulaftell ass onbedéngt néideg fir Schüler, fir hir Elteren. Ech hoffen och, datt déi international Schoule bei de Presentatiounen vum eise System net vergiess ginn, zum Beispill och beim Projet ORIKA.

Zu der Orientéierung gehéiert och de Choix vun der Sektoun am Lycée. Am Classique fënnt dee Choix jo no véier Joer statt, am General awer schonn no dräi Joer. Ass dat net ze fréi fir esou eng wichteg Entscheedung fir d’berufflech Zukunft? Dacks sinn déi Jugendlecher jo awer nach zimmlech gréng hannert den Oueren a wëssen eigentlech nach net esou richtig, wat se wëllen. Ee Joer méi géif vläicht hëllefen. Ginn et eventuell Iwwerleeungen, de Schüler am General ee Joer méi Zäit ze ginn an eeben och hei General a Classique gläichzesetzen? Mir wieren do net dergéint.

Wéi wichteg d’Orientéierung ass, gesäit een, wann ee sech d’Zuelen an d’Ursaache vum Décrochage scolaire ukuckt. Déi Haaptfacteurs si jo, datt déi gewënscht Ausbildung net méiglech ass, zum Beispill well kee Contrat d’apprentissage do war fir dee Jonken, datt en där kee krut, datt de Wee, op deen dee Jonken eigentlech orientéiert ginn ass, guer net bei e passt, oder eeben nach, datt de Schüler mat engem Échec scolaire confrontéiert ass.

Mir sinn elo um Wee oder mir ginn elo op de Wee, fir den Alter vun der Schoulpflicht eropzesetze vu 16 op 18 Joer. Dat kann e Mëttel sinn, fir de Schouloufbréch entgéintzewierken. Allerdéngs ass et jo natierlech net gedoe just mam Eropsetzen op 18 Joer, mee et muss an engems e Konzept kommen, fir Schüler opzefänken, déi wackelen. Mir dierfen net vergiessen, datt et eeben aner Moyene gi fir ze verhënnern, datt Jonker d’Schoul verloossen, ouni en Diplom an der Hand ze hunn. An deene meeschte Fäll kënnegt sech esou e Schouloufbréch jo scho ganz wäit am Virus un, deels Joren. Mir mussen also méi fréi usetzen an aktiv Preventioun hei bedriewen.

Här President, mir wësse jo, datt den Aarbechtsmaart dréngend gutt ausgebild Leit brauch. Fir Jonker ass den Accès op den Aarbechtsmaart iwwert déi lescht Jore verbessert ginn. D’Aarbechtslosegkeet bei de Jonken ass e gutt Stéck erofgaangen. Dat ass zu engem gudden Deel och op d’Jobgarantie fir Jonker zrëckzeféieren. Konkreet kritt all Jonken tëscht 16 a 25 Joer spéitstens véier Méint nom Ofschloss vun der Schoul oder dem Verloscht vun der Aarbecht eng Hëllefstellung a Form vun engem Aarbechtsvertrag, engem Complément de formation, enger Formation professionnelle oder engem Stage. Hei schaffen ADEM, Action locale pour jeunes an SNJ ganz enk zesummen, fir den Iwwergang op den Aarbechtsmaart ze vereinfachen. Dat ass eng gutt Saach, eng positiv Entwécklung, déi een eventuell nach kéint ausweiten.

Här President, ech kommen zur Konklusioun. D’LSAP wëllt, datt d’Schoul de Produzent ass vu Chancégerechtgkeet an net de Reproduzent vu Chancenongerechtgkeet. D’Regierung a besonnesch d’Education, awer och d’Héichschoul an den Travail si gefuerdert. Et gouf scho ganz vill op de Wee bruecht, awer et huet nach net gutt genuch gegräff.

D’LSAP fuerdert eng weider Adaptatioun vum Sproochenunterrecht, baséiert ënner anerem op den Erkenntnisser aus den agreeierten Europaschoulen, eng gezielte Fërderung vun de Schüler aus sozial schwache Familien, déi net Lëtzebuerger als Mammesprooch hunn, fir hir Léierreckstänn nozehuelen, sou wéi et och am Bildungsbericht steet. En fait ass dat jo näischt anescht wéi déi qualifizéiert gratis Nohëllef, déi am Regierungsprogramm steet a woubäi ech erlichtert sinn ze héieren, dass se elo fir d’Rentrée soll kommen.

Mir brauchen eng besser Orientéierung, déi sech net just op d’Maison de l’orientation ka limitéieren, mee queesch duerch de ganze Schoulsystem zu enger Prioritéit muss ginn an notament den Iwwergang vum Fondamental an de Secondaire vereinfacht. Mir wëllen eng kohärent a systematesch Zesummenaarbecht tëscht formaler an nonformaler Bildung, och, fir fréizäiteg ze detektéieren, wann de Risiko vun engem Décrochage opkëint.

Mir wëllen, datt Bildungsziler an engem Curriculum national définéiert ginn, esou wéi den Observatoire national vun der Schoulqualitéit et recommandéiert.

An net zulescht wëlle mer och e Bilan vun der Effektivitéit vum Inklusiounssystem an der Schoul. Dat wichtegst fir all Schüler ass a bleift den Enseignant an deem seng Kompetenzen, fachlech, sozial a pedagogesch Kompetenzen, seng Motivatioun, seng Loscht, fir Schoul ze halen, fir de Kanner eppes bäizebréngen.

Keng Reform léisst sech géint d’Léierpersonal realiséieren. Déi dräi B – Bindung, Bildung a Beweegung – sinn d’Piliere vun engem erfollegräiche Schoulsystem. Do runner muss mer schaffen, da klappt et och mat der Chancégerechtgkeet.

Merci fir d’Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Closener. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn eis eens, Lëtzebuerg verfüügt iwwert den héchste Mindestloun an Europa an awer ginn d'Inegalitéiten an eise Land ëmmer méi grouss. An och d'Aarbecht ass keng Garantie méi, fir der Aarmut ze entkommen. Dat stoung nach ganz rezent am Almanach vun der Caritas.

24,2 % vun de Mannerjärege sinn zu Lëtzebuerg mam Risiko vun der Aarmut an der Exklusivkonfrontéiert. Besonnesch beträff sinn d'Kanner vun Elengerzéienden, bei deenen de Risiko bei mëttlerweil 40 % läit, mee och Kanner aus kannerräiche Famille sinn extreem beträff.

Aner Institutiounen wéi den Eurostat, de Statec an d'Chambre des Salariés hunn och ganz interessant Analysen dozou gemaach. Se sinn natierlech net immens erbaulech.

Här President, ech wëll ganz sécher net pauschaliséieren an ech behaapten och net, datt all Kand, dat mat esou engem Aarmutrisiko konfrontéiert ass, automatesch manner kompetent ass an am Schoulsystem vun Ufank u keng Chancen huet fir ze reusséieren. Ausname ginn et der genuch, well ëmmer erëm begéint ee Kanner aus sozial schwache Milieuen, déi hire Schoulparcours erfollegräich ofschléissen, am Liewe Fouss faassen an et fäerdegbréngen, déi sozial Leeder aus eegene Kräften, mee och mam Engagement vu villen engagierten a motivierten Enseignanten eropzeklappen. Och dat muss an eisen Aen emol gesot ginn.

Ausname bestätegen awer d'Reegel, och dat ass kloer. D'Reegel ass déi, datt Kanner vu sozial defavoriséierten, oft elengerzéienden Elteren an der Schoul manner gutt ofschneide wéi hir besser gestallte Mitschülerinnen a Mitschüler. Ech mengen, jiddwereen, deen hei geschwat huet, huet deen do Volet ënnerstrach.

Dës Problem verschäerft sech nach, wann et sech ëm Kanner mat Migratiounshannergrond handelt, an och dat ass bekannt. Natierlech liewen d'Kanner zu Lëtzebuerg alleguer an där selwechter Gesellschaft. Se liewen awer net alleguer an där selwechter Welt. Villes, wat fir déi eng accessibel ass, bleift deenen anere verspaart. Villes, wat fir déi eng evident ass, ass fir déi aner ondenkbar. Dat zielt net nëmme fir de gesamte Schoulparcours, déi weiderféierend Studien an d'Berufsliewen. Et zielt och fir d'Wunnverhältnisse, d'Fräizäitgestaltung, déi gesellschaftlech a kulturell Participatioun. Et zielt fir de Bien-être an déi mental Gesondheet, déi och scho bei Kanner a Jonken aus defavoriséierter Famille méi ugeschloen ass, wéi bei de Kanner aus wuelhabende Kreesser.

Datt souwuel d'Famillieliewe wéi och d'Strukture vun der klenger Kandheet an de gesamte Bildungssektor e groussen Afloss op déi sozial Trajectoire vun all Mënsch hunn, läit op der Hand. An duerfir ass et net vu Muttwëll, eis konsequent mat der Fro ausenzesetzen, mat wéi enge Mëttelen a Strategien d'Bildungsgerechtigkeit erhéicht a beschtefalls fir all Kand garantéiert ka ginn. Et ass dat, op dat ech mech a menger Interventioun wëll konzentréieren, notament op den Alter vum Klengkand a vum Grondschoulkand, wou eigentlech d'Basis fir de Rescht vun der ganzer Schoultrajectoire geluecht gëtt.

An deem Sënn wëilt ech dann och der Myriam Cecchetti Merci soen, datt se dës Debatt ugestouss huet. Wéi gesot huet se ganz vill Facetten.

Dir Dammen an Dir Hären, wa mer vu Bildungsrechtgeeket schwätzen, lieën d'Léisungen natierlech net op der Hand, scho guer net zu Lëtzebuerg, wou den Undeel vun de Schoulkanner mat Migratiounshannergrond innerhalb vun nëmme 15 Joer vun 30 % op 49 % geklommen ass. Dës aussergewöhnlech Dynamik ass zum Deel vergläichbar mat där, déi momentan a kosmopolitesche Metropole wéi beispillsweis Berlin feststellen ass, net awer um gesamten Territoire vun deene villen anere Länner, an deenen d'Schoulpopulatioun méi homogeen ass wéi zu Lëtzebuerg a wou d'Diversitéit sech net esou séier entwéckelt, mee vill méi lues.

Zu Lëtzebuerg befanne mer eis also an enger ganz eenzegaarteger Situatioun an duerfir wier et net de richtege Wee, Dir Dammen an Dir Hären, auslännesch Modeller op Lëtzebuerg ze importéieren an ze mengen, se kéinten eent zu eent op eise Schoulsystem iwwersat ginn. Knäipe kënnen mer also net. Dat mécht d'Saach net méi einfach. Et huet awer de Virdeel, dass mer eis méi geziilt mat eiser eegener Schoulpopulatioun musse beschäftegen. Emol onofhängeg dovun, datt d'Heterogenitéit massiv zougeholl huet an datt mir doriwwer eraus vun enger Kris an déi aner gerode sinn – mat de bekannten negativen Impakter souwuel am Beräich vun der mentaler Gesondheet wéi och zum Deel an der Schoul –, steet scho méi laang fest, datt eise Schoulsystem net fir all Kand a Jonken adequat opgestallt ass.

Wëlle mer d'Kluft tëscht dem fundamentale Recht op gläich Bildung an der faktesch beluechter Bildungsungerechtigkeit reduzéieren – dat ass jo d'Zil vun eis all –, da geet et net drëms, en Nivellement vers le bas ze bedreiwen, mee da muss en Nivellement vers le haut erreecht ginn, bei deem all d'Kanner mat op de Wee geholl ginn.

Déi zentral Erausforderung besteet also doran, méi wirksam a méi effikass virzegoe wéi an der Vergaangenheet an d'Bildungsschëier méi no beieneen ze bréngen, ouni op d'Qualitéit ze verzichten. Domat wëll ech déi vill Efforten, déi an der Vergaangenheet gemaach gi sinn, ganz sécher net klengrieden an ech stellen och den Engagement vun den Enseignanten an allen anere Schoulpartner aus dem formalen an nonformale Bildungsberäich kengesfalls a Fro.

*(M. Marc Spautz prend la présidence.)*

Allerdéngs beweege si sech alleguer an engem System, deen nach Sputt no uewe weist. Dee Sputt no uewe besteet net nëmme am klassesche Schoulsystem. Sputt no uewe besteet och an de Strukture vun der klenger Kandheet, déi eng entscheidend Roll spillen, besonnesch bei der Ënnerstëtzung vun de Kanner aus defavoriséierter Famillen am Hibleck natierlech op hir Aschoulung.

Déi kleng Kandheet, dat ass déi Zäit, an där d'Kanner nach net schoufflichteg sinn an an där déi eigentlech Basis fir en erfollegräiche Schoulparcours geluecht gëtt. Et ass déi Zäit, an där d'Kanner schwätzen a sech ausdrécke léieren. Et ass déi Zäit, an där se en éischt Bewusstsein fir d'Struktur vun der Sprooch entwéckelen an an där se erkennen, datt Sätz aus Wieder a Wieder aus Silbe bestinn. Dës sougenannt phonologesch Bewusstheet als Virstuf vun der Lies- a Schreifkompetenz entsteet normalerweis automatesch a muss net speziell geförderet ginn.

Allerdéngs gëtt et eng grondleeënd Voraussetzung derfir. Et ass déi, datt schonn déi Jéngst genuch mat der Sprooch a Kontakt kommen, datt genuch mat hinne geschwat gëtt, datt hinne opmierksam nogelauschtert gëtt, datt Stëmmen, Geschichtenerzielen, Lidder an Narrativer zu hirem Alldag gehéieren, datt se motivéiert ginn, nei Wieder ze entdecken an hire

Vocabulaire vun Dag zu Dag erweidere kënnen an datt am Klengkandalter vun null bis dräi Joer op den Asaz vun digitalen Apparater am breede Sënn verzicht gëtt, woumat ech e waarmen Appell un d'Eltere wëll riichten.

An deem jonken Alter hu Mobilgeräater wéi Tablets, Smartphones, iPhones a Laptops – a wéi se net all heeschen – weeder e pedagogeschen Notzen nach droe se zu der intellektueller sproochlecher an emotionaler Entwécklung vun de Kanner bäi. Villméi verhéieren dës Apparater mam Schierm, datt d'Kanner sech grad déi Fäegkeeten uneegnen, déi se brauchen, fir spéiderhin an der Schoul ze reusséieren.

Feelt et engem Kand beim Antrëtt an de Cycle 1 un deene genannten Erfahrungen, dann ass dat eng wichteg Indication, datt et säi Schoulparcours scho mat engem Retard an der Sproochkompetenz ufängt. Kommen dann nach Defiziter an der Motorik an an der Konzentrationsfäegkeet derbäi, da kann et der Schoul kaum nach geléngen, de cumuléierte Retard opzehuelen, da ka se just nach Wonnen heelen, mee net ganz ewechhuelen. Aus all deene Grënn si mer der Meinung, datt de Klengkandalter tëscht null an dräi Joer an der Diskussioun ronderëm d'Inégalité scolaire an Zukunft méi Gewicht muss kréien.

A senger rezenter Analys mam Numm „L'entrée à l'école“ geet den Observatoire national de la qualité scolaire genee op déi Alterskategorie an a formuléiert eng Rei Recommandatiounen. Ervirhiewen, Här Minister, wëllt ech virun allem déi zweet, drëtt a véiert Recommendation an deem Kontext. Zum engen ënnersträicht den Observatoire doran d'Wichtegkeet vun enger besserer Hëllefstellung fir Risikofamilien direkt no der Gebuert a besser scho virdrun. Zum anere plädéiert e fir eng besser Vernetzung vun de Servicer vun der klenger Kandheet mam Cycle 1 vun der Grondschoul souwuel am formale wéi och am nonformale Bildungsberäich. An doriwwer eraus schwätzt den Observatoire sech och fir den Ausbau vun der Elterenaarbecht a vun der vertrauensvoller Partnerschaft mat den Eltere vu Kanner aus dem Cycle 1 aus.

Als Gréng ënnerstëtze mir dës Recommendationen voll a ganz, well längst bewisen ass, Dir Dammen an Dir Hären, datt déi emotional, intellektuell a sproochlech Entwécklung direkt no der Gebuert ufängt an net eréischt an der Schoul.

Fir d'Eltere scho virun der Gebuert vum Kand, mee och fir déi éischt Joren duerno, fit fir d'Erzéiung ze maachen an hinnen am Fall vu Schwierigkeeten an der Gestiou vum Alldag eng Hëllefstellung unzëbitten, existéiere schonn eng ganz Rei kompetent Servicer. Ech denken zum Beispill un déi staatlech mandatiéiert Familienhëllef vun der Croix-Rouge, un de Service enfants jeunes et familles vun der Caritas, d'Initiativ Liewensufank, d'Eltereschool Janusz Korczak a vill aner, déi wierklech wäertvoll Aarbecht leeschten.

Am Fachjargon schwätzt een hei vu sougenannte „Komm-Strukturen“, well et un de Famillen ass, an déi Strukturen ze kommen, dat heescht se musse sech an deene jeeweilege Servicer auskennen, se musse sech dohin déplacéieren, fir d'Hëllef dann och effektiv ze kréien. De Problem, dee sech hei stellt, ass deen, datt Elteren aus defavoriséierter Milieuen dës Servicer oft guer net kennen oder awer retizent sinn, fir se an Usproch ze huelen, schonn eleng aus Angscht, ofgestempelt ze ginn. Well et awer grad dës Eltere sinn, déi d'Hëllef am meeschte brauchen, stellt sech d'Fro, ob et mat de klassesche Komm-Strukturen duergeet. Et ass längst kee Geheimnis méi, Dir Dammen an Dir Hären, dass dës Zort vun Ënnerstëtzung hir Limiten



huet an dowéinst ass et eiser Meenung no un der Zäit, nei Weeër anzeschloen a méi op Geh-Strukturen ze setzen. Par analogie zu de Komm-Strukture sinn dat Strukturen, déi selwer am direkte Liewensëmfeld vun de Risikofamilien an domat och vun de Risikokanner aktiv ginn an natierlech dann och vum Staat ënnerstëtzt ginn.

Fir eis ass et e gutt Zeechen, dass grad den Observatoire national de la qualité scolaire d'Wichtigkeet vun dëser méi proaktiver Approche a sengem ganz opschlussräiche Rapport „L'entrée à l'école“ ënnersträicht an doran op eng Rei unerkannt Acteuren ageet, déi konkret Piste fir eng besser Ënnerstëtzung vun de Kanner am Klengkandalter opweisen. Dee Rapport ass wierklech nëmmen ze recommandéieren.

Ech kommen zu der Schoul. Wann d'Kanner dann nom Klengkandalter bis an d'Schoul ginn, spillt d'Frëfërderung, mee och d'Frëierkennung an d'Diagnostik virun allem am Beräich vun der Sproochkompetenz eng grouss Roll, mee och aner Kompetenze sinn entscheidend an deem Alter a mussen fréi genuch gefërdert ginn. Se müssen awer och gemooss kënnen ginn an den Depistage muss hei natierlech mat erafléissen. Ech denke virun allem un d'Grob- an d'Feinmotorik nieft der Sprooch, un d'Raumgefäll an d'Konzentrationsfäegkeet, déi och am Curriculum vum Cycle 1 méi prioritär behandelt mussen ginn.

Dobäi gëllt et jo ze bedenken, dass eng ganz Rei Kanner mat Migratiounshannergrond beim Schoulentrëtt mat enger neier grousser Erausforderung konfrontéiert sinn, vun där aner Kanner verschont bleiwen. Dir wësst, wat ech mengen. Scho beim Antrëtt an de Cycle 1, also am klengen Alter vun nëmmen dräi oder véier Joer, mussen Kanner aus méi entfernte Sproochregiounen sech vun engem Dag op deen aneren an enger neier Sproochsituatioun zurechtfinden, dat heescht déi eng oder zwou Sproochen, déi an hirer Famill geschwat ginn a mat deene se vertraut sinn, ginn an der Schoul oft guer net geschwat.

Och wann d'Kanner generell manner Problemer mam Erwerb vun neie Sproochen hunn a generell och méi flexibel an upassungsfäeg si wéi mir als Erwuessener, sou muss een hinnen nawell eng gewëssen Zäit zougestoen, fir sech an der neier Situatioun zurechtzufinden an dat Vertrauen opzebauen, dat se brauchen. Virun allem brauche se awer genuch Zäit, fir sech déi schoulrelevant Aspekter vun där Sprooch unzëeegen, an där se duerno alphabetiséiert ginn an déi och spéiderhin a ville Fächer benotzt gëtt. D'Zil muss et jo sinn, dass eebe grad Kanner mat Migratiounshannergrond den Uschloss vun Ufank un net verpassen. Dass dat leider zum Deel de Fall ass, weist sech zwar net direkt am Cycle 2, an deem d'Alphabetiséierung stattfindet. Et weist sech am Cycle 3.1, an deem d'Leeschungen am Däitsche laut dem Bildungsbericht virun allem bei defavoriséierte Schülerinnen a Schüler den Uspréich net ganz gerecht ginn.

Fir dee Problem an Zukunft ze verhënnern, muss eiser Meenung no souwuel am Cycle 1 vun der Grondschoul wéi och am nonformale Bildungsberäich zum Deel ëmgesteiert ginn, ouni awer op all déi Elementer ze verzichten, déi sech scho bewäert hunn. Bekanntlech ginn d'Kanner an deem Alter schonn zanter Joren op eng spilleresch an interaktiv Manéier un d'Franséisch erugefouert. No éischte Retizenzen, méi oder manner grouss, huet dës Approche sech bewäert, well et dee richtegen Alter ass, fir Freed un enger Sprooch ze fannen. Dat Ganzt huet och wierklech gewisen, dass d'Kanner do eppes bäigeléiert hunn. D'Freed ass natierlech déi éischt Konditioun, dass d'Kanner eng Sprooch gären a gutt léieren.

Haut muss ee sech natierlech froen, ob déi selwecht Efforten net och am Däitsche mussen gemaach ginn oder ob net esouguer kategoresch a Richtung Däitsch ëmgesteiert muss ginn, wuel wëssend, dass d'Alphabetiséierungssprooch fir all net däitscht Schoulkand eng Friemsprooch duerstellt. Dat zielt och a mengen Ae fir déi Lëtzebuerger Schoulpopulatioun, esou no wéi d'Lëtzebuergeresch an d'Däitscht och beieneeleien. Wéi soe mer esou oft? Deutsche Sprache, schwere Sprache!

Eng Diskussioun, déi an deem Kontext och gefouert muss ginn, ass déi, ob och d'Alphabetiséierung a sougenannte konsistente Sprooch wéi Däitsch net méi Sënn mécht, wuel wëssend, dass déi Sprooch eng héich Phoneem-Graphem-Korrespondenz opweist, woubäi een natierlech bal alles schreift, wat een héiert. An duerfir mengen d'Fuerscher ëmmer méi, dass dat déi einfachst Alphabetiséierungssprooch wier.

Et geet aus der Fuerschung op der Uni Lëtzebuerg ervir an déi Diskussioun fannen ech scho ganz interessant. Ech wëll awer ganz kloer soen, dass déi do Approche net soll verhënnern, dass nei Pisten erfuerscht ginn, wat d'Alphabetiséierung op Franséisch ugeet, wou jo schonn aktuell véier Pilotprojeten a speziell ausgewielte kommunale Grondschoule mat grousser Diversitéit geplangt sinn. Dës Projekte kënnen notament fir franséischsproocheg Schoulkanner interessant sinn, well se an hirer Éischtsprooch – oder et kann een och soe Mammesprooch oder vläicht och Pappesprooch – oflafen, soudatt dës Kanner bei der Alphabetiséierung net mat enger Friemsprooch konfrontéiert ginn. Trotz allem si mer der Meenung, dass dës Pilotprojeten nëmmen da geléngen kënnen, wann d'Risikoschüler, déi dorun deelhuelen, geziilt an differenziéiert begleet ginn. D'Sprooch eleng ass net alles.

Wat déi ëffentlech international Schoulen, déi jo och elo hei ëfters thematiséiert gi sinn, ugeet, sou weise frankofon, anglofon a lusofon Filiären, souwuel an der Grondschoul wéi och am Lycée, op, dass och dës an eisen Aen eng interessant Pist ass, fir der Diversitéit vun der Schoulpopulatioun besser gerecht ze ginn. Dat gouf an aneren Diskussiounen jo schonn oft op dëser Plaz ënnerstrach. An et ass och eng Tatsaach, dass dës Schoulen e ganz grouss Succès hunn.

Wa mer dann awer iwwer Bildungsgerechtegkeet schwätzen, da läit et op der Hand, dass déi sozial Mixitéit och an dësen ëffentlechen internationale Schoule garantéiert muss ginn an dass dës ëffentlech Schoulen net zu Elitteschoule fir d'Kanner vun auslännesche Besserverdenger däreffe ginn. Wichtig a richtig ass, dass eng Evaluatioun vun dëse Schoule gemaach gëtt – déi ass jo virgesinn – an dass duerno déi richteg Konklusiounen gezu ginn, och a grad am Kontext vun der Bildungsgerechtegkeet a vun den Inégalités scolaires.

Dir Dammen an Dir Hären, domat kommen ech zu mengen eegene Konklusiounen, woubäi ech nach kuerz op zwou Punkte wëilt agoen, déi eis als Gréng am Gesamtkontext vum Schoulsystem um Häerz leien.

Fir méi Bildungsgerechtegkeet ze schafen an der Schoulalldag vun alle Kanner méi effikass an harmonesch ze gestalten, müssen déi formal an nonformal Bildung eiser Meenung no nach méi aneneeegräifen, dës am Hibleck op den Opbau vu Ganzdaagschoulen, déi mat psychopedagogesche Services a speziellen Hëlfsstellungen ausgestatt mussen ginn, esou wéi dat beispillsweis schonn an der ëffentlecher Schoul zu Miersch de Fall ass. D'Zil muss et jo sinn, besonnesch de sozial benodeelegte Kanner déi Ënnerstëtzung zoukommen ze loosse, déi hir Elteren aus villfältige Grënn hinnen net kënnen ginn. D'Zil

muss et awer och sinn, dass ganzheetlecht transversaalt Léieren duerch eng besser Vernetzung ze fërdere an all Léiertyp dobäi gerecht ze ginn.

Zweetens muss awer och en Allongement de cycle – fréier hu mer vu Sëtzebleiwe geschwat – déi allerlescht Léisung sinn, wann d'Enseignanté bei der Hëlfsstellung mat hirem Latäin um Enn sinn. Wann am Cycle 3.1 schonn 18 % vun de Kanner e Schouljoer widderholl hunn a mat 15 Joer scho bal 50 %, dann ass dat eng denkbar schlecht Viraussetzung fir de verbleiwende Schoulparcours. Et ass och ganz einfach demotivant.

Dës Erkenntnis kënn net vu mir. Se ass och net op menger eegener Mëscht gewuess. Se kënn aus dem Bildungsbericht a soll wéi déi vill aner Erkenntnisser aus deem Bericht an aus villen aneren Analyse genotzt ginn, fir eise Bildungssystem grondsätzlech ze iwwerdenken, ouni all dat a Fro ze stellen, wat en haut scho leescht. An dat ass jo och net grad weineg! Dat wëll ech awer och betounen.

Villmools merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci der honorabeller Madamm Lorsché. Deen nächste geschriwwene Riedner ass den honorabele Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och ufänke mat engem Merci un d'Madamm Cecchetti, déi dës Interpellatioun ugefrot huet an déi och ganz Recht hat domadder. Et muss ee vill iwwert d'Schoul schwätzen. Et ass gutt, wa mer iwwert d'Schoul schwätzen. Et ass ëmmer kontrovers, mee et ass e ganz wichtegt Thema. An dat gehéiert hei reegelméisseg op den Ordre du jour. Dofir merci.

Merci och all deenen, déi geschwat hunn. Ech hunn eng ganz Partie interessant Saachen héieren an och eng ganz Partie Saachen, deene mir eis kënnen uschléissen, besonnesch och bei der Madamm Hansen.

Mir hunn awer och Saachen héieren, déi eis vläicht trotzdem net esou gefalen. An dat ass haaptsächlech dat, wat awer bei verschiddene Riedner alt emol e bëssen esou duerchklängt: Dat ass, dass eise Schoulsystem wierklech als eppes ganz Schlechtes, bal Dämonesches, géif ech soen, duergestallt gëtt, wou d'Kanner leiden, wou d'Chancen net gi sinn a wou mer net virukommen a wou mer missten onbedéngt änneren a siche goen, fir aner Méiglechkeeten ze fannen. Ech mengen, do gi mer der Saach net onbedéngt ganz gerecht.

Ech wëll och zwou Saachen hei elo direkt am Ufank soen, wou hei eppes gesot ginn ass, wat leider och net esou ganz der Wourecht entsprécht.

Dat Éischt dat ass: Et ass gesot ginn, eise Schoulsystem wier an de 70er-Joren hänkebliwwen. Nee, eise Schoulsystem ass absolut net an de 70er-Joren hänkebliwwen! Eise Schoulsystem huet sech an den 80er-Jore verännert, en huet sech an den 90er-Jore verännert. Dass duerch Reformen, déi gemaach gi sinn. Dat awer och einfach, well d'Gesellschaft sech geännert huet, well d'Proffen an d'Schoulmeeschtere sech verännert hunn, well d'Schüler sech verännert hunn. An e Schoulunterrecht aus de 70er-Joren, dat ass e ganz anere wéi an den 90er-Joren, dat ass e ganz anere wéi haut. Hei gëtt et Bild gezechent vun enger ëffentlecher Schoul, déi verstëbt, stoe bleift. Dat entsprécht net der Realitéit, an dat wëll ech hei awer wierklech eng Kéier riichtbéien.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Dann ass deen anere Punkt, dass gesot gëtt hei, déi dräi Sproochen missten an

eisem Schoulsystem op deem selwechten equivalenten Niveau geléiert ginn, esou wéi wa mer hei all Schüler missten op en Niveau bréngen, wou e perfekt Franséisch kéint, perfekt Däitsch kéint, perfekt Englesch kéint, Lëtzebuergesch souwisou. Och dat ass iwwerhaupt net wouer! Et ass guer net, dass een dat muss kënne. Do sinn eng ganz Partie Saache geschitt. Dat huet een och fréier net missen hunn. Dir kënnt an engem Fach, an dat ass an de 70er-Jore schonn esou gewiescht, am Däitschen an déi 50 hunn an am Franséischen der 30, da packt Der d'Schoul, ouni dass Der genausou gutt am Franséische sidd wéi am Däitschen.

Duerno ass nach d'Kompensatioun agefouert ginn. Ech mengen, dat war 1991 oder 1992, wou een also och an enger Sprooch kann eng Datz hunn. Dir kënnt eng Sprooch op der Première ewechloossen an Dir kënnt am Lycée technique – oder Lycée général, wéi en haut genannt gëtt – och Ären Diplom maachen, deen Iech Accès gëtt op eng Universitéit, wou Der an enger Sprooch wierklech daitlech manner gutt sidd wéi an där anerer. Also wannechgelift, et stëmmt net, dass ee muss an deenen dräi Sproochen wierklech gutt sinn, fir zu Lëtzebuerg an der ëffentlecher normaler Schoul en Diplom ze kréien!

Da vläicht eng aner Saach, déi hei ugeschwat ginn ass. Et ass gesot ginn: „D'Méisproochegkeet ass en Handicap.“ Jo, also natierlech ass et schwéier, vill Sproochen ze léieren. An et wier sécherlech vill méi einfach fir eis all gewiescht, fréier, an och fir déi Schüler vun haut, wa mer an der Schoul, am Lycée just eng Sprooch géife léieren. Dann hätte mer vill méi Zäit fir aner Saachen. Et ass awer och esou, dass – an, ech mengen, dat ass och Fakt – joerzéngtelaang Experten op Lëtzebuerg komm sinn an eis bewonnert hunn, dass mer e Schoulsystem hunn, an deem mer vill Sproochen léieren; net alleguer um super Niveau, awer an deem mer vill Sproochen léieren.

An dat ass jo och de Grond vun eiser, wéi mer dat nennen, Méisproochegkeet hei am Land. Well Lëtzebuerg war jo virun 200 Joer en absolutt eesproochegt Land, an deem d'Leit just Lëtzebuergesch geschwat hunn. An der Schoul ass vläicht Däitsch geléiert ginn. Ech mengen, et war 1842 mat der Schoulreform, wou aus politesche Grënn Franséisch agefouert ginn ass. An et ass eréischt duerch d'Schoul, wou d'Leit op eemol hei am Land Franséisch geléiert hu lues a lues. An d'Schoul ass d'Basis dovunner.

Wa mer natierlech elo wëllen zréckgoen a mir wëllen net méi déi verschidde Sproochen an der Schoul léieren, wéi dat aktuell och a verschiddene Modeller ëmmer méi geschitt, jo, da misste mer awer och konsequenterweis eise ganze Sproochgebrauch hei am Land deem upassen. Spréch, da muss alles méisproocheg gemaach ginn.

Da muss mer jo engem d'Geleeënheet ginn, deen an der Schoul beispillsweis kee Franséisch geléiert huet oder nëmme schlech, dass deen awer hei am Land liewe kann, ouni eebe Franséisch ze kënne. Da misst een awer alles, alles, alles am Alldag iwwersetzen: all d'Internetsäiten, all d'Zeitungen, all méiglech Saachen. Dat heescht, dat huet vill méi e groussen Impact. Et dierf een net nëmmen hei d'Schoul an engem Mikrokosmos gesinn, an deem mer da kucken, fir e Schüler iergendwéi eropzukeeën. Mee et muss een och gesinn, wat dat duerno am Ganze fir Auswierkungen op d'Gesellschaften huet.

**M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!**

**M. Fred Keup (ADR) |** Da gëtt hei oft gesot och: „Jo, déi lusofon Schüler, déi hu Problemer.“ Jo, ech sinn awer och frou, dass eng ganz Partie Riedner och richtegerweis gesot hunn: „Et läit emol dacks guer

net un der Sprooch, mee et läit eebe ganz oft um sozioekonomeschen Hannergrond, deen eebe vläicht méi niddreg ass.“ Mee ech mengen, dass et allgemeng awer esou e falsche Message ass, fir ëmmer erëm ze betounen, dass d'lusofon Kanner benodelegt sinn, well duerno ass dat esou e self-fulfilling Prozess an déi mengen da wierklech, dat misst esou sinn.

Et ass evident: Wann een an e Land migréiert, dann ass et schwéier. Da gëtt et ganz vill Schwierigkeeten. A wa mir elo géifen an en anert Land migréieren ... Mir sinn zwar alleguer sproochegewannt, mir géifen do sécherlech gutt eens ginn an deene meeschte Länner, mee dat ass dann, zemoos fir déi Leit, déi aus bildungsferne Schichten kommen, ganz schwéier. An dat kréie mir och net hei aus der Welt geschafft.

Ech mengen och, an do muss een awer och un d'Veantwortung vun de Leit appelléieren: Och wann een dann decidéiert, an e Land auszewandere wéi Lëtzebuerg, aus wéi engem Land och ëmmer, da muss ee sech awer mat der Situatioun ausenanersetzen. An, ech mengen, da muss een och kucken: „Wéi ass dann dohannen de Schoulsystem? Kann ech do menge Kanner déi Chancé ginn, déi ech och hei a mengem Land de Kanner kéint ginn?“

Mir dierfen och net vergiessen, dass mer dach awer hei zu Lëtzebuerg sinn an, bei allen Hëllef, déi mer musse ginn a Méiglechkeeten, déi mer musse ginn – an ech kommen nach dozou –: Mir musse jo awer nach ëmmer kucken, dass mer zu Lëtzebuerg sinn an dass mer hei e Schoulsystem hunn, deen eisem lëtzebuergesche System, eiser lëtzebuergescher Kultur ugepasst ass a mir kënne net jiddwerengem et recht maachen, deen elo heihinner kënnt. E bëssen upasse muss ee sech dann awer.

Wat kann ee maachen? Majo, et misst een op jidde Fall nach méi Lëtzebuergesch maachen an de Schoulen. Mir hunn natierlech ëmmer méi Kanner, déi Lëtzebuergesch elo als Mammesprooch hunn. Mir hunn de Precocé agefouert 1997. Eng fantastesch Saach, déi mengen ech super fonctionéiert a wou mer also d'Kanner scho vun dräi Joer un integréiert kréien iwwert d'Sprooch.

Dann ass e System gemaach ginn, an do sinn ech net esou zefridden, Här Minister: Dat ass dat mat dem Precocé. D'Precocé-Méisproochegkeet – an ech sot et schonn eng Kéier hei an ech soen et och nach eng Kéier hei –, déi Méisproochegkeet an de Crèche fonctionéiert an der Realitéit nëmme ganz begrenzt!

Mir hunn et gemaach, mir hunn ugeruff a Crèchen, mir hu gefrot: „Gëtt bei Iech Lëtzebuergesch geschwat?“ Si hu gesot: „Nee, keng Suergen. Mir maache kee Lëtzebuergesch mat de Kanner.“ Mir hu mat Leit geschwat, déi an de Crèche schaffen, Educatricen, déi eis gesot hunn: „A nee, mir kréie souguer verbueden, Lëtzebuergesch ze schwätzen!“ Wou mer an enger Gemeng gefrot hunn, ass gesot ginn: „Jo, do sinn dräi frankofon Crèchen, mee do ass awer eng lëtzebuergesch.“ Also dat fir ze soen: All d'Kanner léieren an der Crèche Lëtzebuergesch ass net de Fakt! Dat ass net richtig. De System fonctionéiert net!

Mir hunn Iech an enger Question parlementaire och gefrot gehat, wéi vill Personal dann an de Crèchen zu Lëtzebuerg schafft a wéi vill Leit vun deem Personal dann den Niveau C1, dee laut Gesetz gefrot ass, kënne, woubäi jo dann an all Crèche och Lëtzebuergesch op deem Niveau soll geschwat gi vun enger Persoun. An do hutt Der eis geäntwert, Dir wësst et net.

Dat heescht, Dir ënnerstëtz do eppes, Dir promovéiert do eppes, Dir sot, dat géif gutt fonctionéieren, mee an der Realitéit wësst Der als Regierung net, wéi vill Leit iwwerhaupt an de Crèche schaffen. Dir wësst

och net, wéi vill vun deenen iwwerhaupt déi néideg Sproochekompetenzen hunn. An dobäi sot Der op där anerer Säit, dass d'Sproochekompetenz an d'Förderung an esou weider an esou fort awer esou wichteg wieren. Also, mir kënnt dat e bësse komesch vir.

Eppes, wat och ugeschwat ginn ass, wat ee kéint an der Schoul maachen – an, ech mengen, dat ass och ganz wichteg –, dat ass, donieft, dass ee ganz fréi mam Lëtzebuergesch ufänkt ... Ech soen ëmmer: Jo, an der Crèche soll Lëtzebuergesch do sinn! Lëtzebuergesch, Lëtzebuergesch, haaptsächlech Lëtzebuergesch, ...

*(Interruption)*

... dass déi Kanner duerno déi selwecht Chancen hu wéi e Lëtzeburger Mammesproochler. Dat ass, mengen ech, ganz wichteg!

Da kënne mer duerno eng Alphabetiséierung maachen am éischte Schouljoer – op Däitsch. An do sinn ech natierlech ganz op der Säit vun der Madamm Lorsché: Däitsch ass déi einfachste Sprooch fir ze alphabetiséieren, well am Däitsche geneesou geschriwwen gëtt, wéi et och ausgeschwat gëtt, wat zum Beispill beim Engleschen oder beim Franséischen absolutt net de Fall ass.

An da géif ech higoen, an dat ass e bëssen dat, wat vill Experte scho gesot hunn, notament och de Romain Martin, woubäi ech et hei stoen hunn, dee seet: „Vielleicht sollte der Lernprozess in der Grundschule zeitlich so gestreckt werden, dass die Einführung des Französischen nicht so nahe auf den Alphabetisierungsstart im Deutschen erfolgt“, an also eventuell iwwerleeën, fir dat Franséisch eréischt am véierten oder fënnefte Schouljoer anzeféieren, dass d'Kanner also d'Méiglechkeet hunn, dass emol dat Däitsch gesackt ass.

Ech wëll hei awer op jidde Fall nach e ganz grouse Merci soen un allegueren déi Proffen a Schoulmeeschteren, déi an de Schoule schaffen an déi sech ganz, ganz vill Méi ginn, och dat ass scho gesot ginn, déi net nëmmen dat maachen, wat se musse maachen a wat gesot gëtt a wat mir hei decidéieren – d'Realitéit an der Schoul ass souwisou eppes ganz aneres wéi dat, wat an de Gesetzter steet a wat mir hei schwätzen; ech war laang genuch derbäi –, mee déi sech ganz vill engagéieren, fir d'Schüler op een Niveau ze kréien, fir och deene schlechten, de schwaache Schüler ze hëllef.

An dann ass eppes ganz wichteg: Jo, et gëtt Schüler, déi méi schwaach sinn. Dat huet ganz vill verschidde Grënn – dat ass hei gesot ginn –: d'Eltertenhaus, bildungsfair, net bildungsfair, gëtt doheem geschwat?, ginn doheem kulturell Aktivitéite gemaach?, gëtt just Blödsinn gemaach oder gëtt owes e Buch gelies?, kréien d'Kanner mat engem Joer schonn d'Tablett virun d'Nues geluecht de ganzen Dag?

*(Interruption par la présidence)*

All déi Saache spillen eng Roll. A souguer dat Geneetescht. Dat ass guer net ugeschwat ginn, mee och dat spillt eng Roll.

Dat heescht, et ass e bëssen naiv fir ze mengen, mir krite all d'Kanner op een Niveau. An ergo muss mer akzeptéieren, dass verschidde Schüler net onbedéngt d'Schoul packen. De Punkt ass awer deen, dass mer mussen genau ...

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Här Keup, Dir musst wannechgelift zum Schluss kommen.

**M. Fred Keup (ADR) |** Jo, ech sinn elo fäerdeg, Här President.



**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech hätt eng Fo.

**M. Marc Spautz**, Président de séance | An do ass och nach eng Fro vum Här Kersch.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, duerno, Här Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Nee, ech wollt just froen ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech sinn direkt fäerdeg.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Hunn ech dat richteg héieren? Hutt Der gesot, dat Geneetescht ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Här President. Ech sinn direkt fäerdeg.

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Ee Moment. Loosst fir d'éischt nach, Här Kersch, den Här Keup schwätzen. An dann ass et un Iech.

**M. Fred Keup** (ADR) | Voilà! Also, et ass ganz wichtig, dass mer och akzeptéieren, dass eventuell Schüler eeben d'Schoul net esou packen. Et huet een e Recht, och ze scheitern. Da mussen mer hinnen awer eng Méiglechkeet ginn, dat eventuell nozehuelen. Do gëtt et och d'Zweet Chance, de Lifelong Learning, dass ee vläicht seng Feeler, déi ee gemaach huet, erëm ka guttmaachen. An dann akzeptéieren, dass net jiddwereen eng Uni ka maachen. Et kann een och an dëser Gesellschaft respektéiert ginn, a mir müssen derfir suergen, dass dat och esou gemaach gëtt, ...

*(Interruption par la présidence)*

... wann een net eng Uni gemaach gëtt. Och déi aner sinn eppes wäert!

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Den Här Kersch.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här Keup, entschëllegt. Ech weess net, ob ech richteg héieren hat. Ech war elo erfëiert. Hutt Dir wierklech elo gesot, dass dat Geneetescht och eng Roll spillt? A wann Der dat gesot hutt, dann erkläert eis, wat fir eng Roll dat sollt sinn.

**M. Fred Keup** (ADR) | Majo ech kann Iech dat mat e puer Zitater aus enger Zeitung ... aus verschiddenen Zeitunge vun Etüden erklären, Här Kersch. Dat ass ganz interessant.

*(Interruption par M. Sven Clement)*

Ech hunn zum Beispill hei ...

Här Clement: Blablaba – Dichtegmaacher – ech, ech, ech. Mir si gespaant, wat Dir dann Interessantes zur Schoul ze soen hutt, mee dat kënnt eréischt duerno!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dir sidd ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Also, ech ginn Iech hei e puer Titelen. Dat ass aus der „Zeit“, mengen ech: „Erfolg in der Schule ist auch eine Sache der Gene“. Dat ass eng Etüd vum King's College London. Aus der „Frankfurter Allgemeine Zeitung“: „Untritt ist, dass Intelligenz zumindest teilweise erblich ist.“ Dann aus dem „Spiegel“ – „Spiegel“ ass jo awer eng Zäitschrëft, déi Der bestëmmt gutt fannt –: „Bildungserfolg wird von vielen Faktoren beeinflusst, von den Eltern, aber auch von den Genen.“

Et ass net nëmmen dat, mee et ass en Zesummespill. Dat ass dat, wat ech wëll soen. Dat ass dat, wat se och do soen. An ech hunn och Quellen hei op Franséisch, an deenen dat och steet: D'Réussite scolaire ass zum Deel natierlech och vun Natur aus, vu Gebuert aus bedéngt. Dat ass eeben eng Ongläichheet, déi d'Natur eeben esou bestëmmt. Do kënnen mer schwierig eppes dergéint maachen. Mir müssen awer – an do si mer bestëmmt op enger Linn – alles maachen, fir,

egal wéi d'Kanner sinn, se op deen héchstméiglechen Niveau ze bréngen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir kënnt zitéieren, wien Dir wëllt. Dat do ass puere Rassismus et rien d'autre!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | O!

**M. Fred Keup** (ADR) | Dat si renomméiert Universitëten aus der ganzer Welt. Ech mengen, wann Dir de King's College vu London als rassistescht betitelt, wann Dir Toppuniversitëten, Experten, Fuerscher, wann Dir déi Zeitungen, de „Spiegel“, d'„Frankfurter Allgemeine Zeitung“, d'„Welt“ an esou weider an esou fort als rassistescht betitelt, mengen ech, Här Kersch, da muss ee sech awer froen: Wie läit dann elo falsch? Et ass e bëssen einfach, et ass bësse simplistescht, et ass populistesch, et ass banal an et gëtt Iech sécherlech mat Ärem Intellekt net gerecht.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Et ass puere Rassismus a mir kennen Är Rieden.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Puere Rassismus.

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci dem Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech soen Iech Merci.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Et ass gutt, dass ... Ech sinn immens frou, dass Der Iech hei esou geout hutt.

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Eng Remark vun der Madamm ... D'Madamm Lorsché huet d'Wuert gefrot.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Also, et ass just eng kleng Richtegstellung, well den Här Keup huet mech wuel zitéiert, well ech gesot hunn, d'däitsch Alphabetisierung wär déi, déi am einfachsten ofleeft. Et huet awer esou geklongen, wéi wann ech e Problem hätt mat der franséischer Alphabetisierung. Ganz sécher net!

Ech wëll betounen, dass et do d'Regierung an notament den Här Minister doran ënnerstëtzen, dass en och fir déi franséischsproocheg Schüler an deem Sënn en Effort mécht, dass en eng franséisch Alphabetisierung plant a Pilotprojete fir ze gesinn, dass déi Kanner, déi dann net an enger Friemsprooch alphabetiséiert ginn, och kënnen op dee Wee matgehoill ginn.

Merci.

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci fir déi Kloerstellung, Madamm Lorsché. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Clement. Här Clement, et ass un Iech.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech hat elo kuerz iwwerluecht, meng Ried dann op Däitsch ze halen, well dat méi Leit verstinn an de Verfechter vun der Lëtzebuerger Sprooch hei um Podium jo och léiwer op Däitsch schreift wéi op Lëtzebuergeresch, awer da seet, mir missten onbedéngt mat Lëtzebuergeresch an der Schoul ufänken.

**M. Fred Keup** (ADR) | Mir lauschteren emol no, wat Dir sot. Kommt ...

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Wannechgelift, et ass just den Här Clement, deen d'Wuert huet. Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet een all moies an d'Schoul wéi all déi aner Kanner. Et mécht een déi selwecht Aufgabe wéi all déi aner Kanner. An et

schreift een déi selwecht Prüfungen wéi all déi aner Kanner. Heescht dat, dass een automatesch déi nämmelech Chancen huet, d'Prüfung ze bestoe wéi all déi aner Kanner? Leider net.

Identesch Ramebedéngungen ze schafen, heescht net, all Kand déi selwecht Chancen ze gi fir eng Réussite, an dat aus deem ganz einfache Grond, well net all Kand op déi selwecht Ressourcen zréckgräife kann. Net jiddereen huet doheem eng Famill, déi engem bei den Hausaufgaben hëllef kann, déi ee schonn als Klengkind gefërdert huet, déi ee spéider bei der Orientéierung tëscht den eenzele Lycéesfiliëren ënnerstëtzt, well se de lëtzebuergeresche Schoulsystem kennt an och nach déi dräi Nationalsproochen an am beschten nach Englesch beherrscht. Net all Kand huet déi nämmelech kognitiv a sozioemotional Fäegkeeten. All Kand huet seng eege Geschicht, sai ganz eegene familiäre Background a ganz verschidde Ressourcen a sengem Liewen.

Dëser Villfalt gëtt eisen aktuelle Schoulsystem – nach! – net gerecht. Dat weist sech an den diversen Etüden, a leider net eréischt zanter gëschter. Et ass e Problem, dee säit Laangem bekannt ass an dee bis elo net geléist konnt ginn. Nee, leider schéngt e sech souguer ëmmer méi ze bestätegen.

Mat de Centres de compétences gouf probéiert, de verschidde Besoine vun de Kanner besser gerecht ze ginn. Mee d'Resultat um Terrain ass e System, dee chronesch iwwerlaf ass, well d'Nofro d'Offer bei Wäitem depasséiert, an e System, deen amplaz op Inklusioun nees op Segregatioun setzt. D'Schlësselwuert „Inklusioun“, dat esou laang schonn aus dem Vocabulaire vun der Bildungspolitik net méi ewechzedanken ass, weist sech um Terrain wäit manner wéi an de Rieden.

An dat gesi mer jo och mat den Europaschoulen. Mir soten et schonns an der leschter Interpellatioun iwwert d'Theema vun den Europaschoulen: Dës Schoule sinn e wichtige Pilier, fir kuerzfristeg d'Schouloffer ze diversifizéieren. Mee laangfristeg dierfe mer net op där enger Säit déi klassesch ëffentlech Schoulen an op där anerer Säit d'Europaschoulen trennen, wa mer wierklech eng inklusiv Gesellschaft wëllen.

Mir brauche Schoulen, déi d'Mënschen zesummebréngen an net scho vu klengem un a Gruppe kategoriséieren, déi sech duerno just nach seele mëschen. Mir brauche Schoulen, an deene sech Persounen mat an ouni Migratiounshannergrond, mat verschiddens-te Sproochekenntnisser a mat an ouni Handicap eng Zukunft zesummen opbaue kënnen. An dat ass leider nach net de Fall.

Dat läit net un den Enseignanten, déi all Dag hiert Bescht ginn an trotzdeem mat schwéierem Häerz mussen feststellen, wéi verschidde Schülerinnen a Schüler den Uschloss verléieren oder ganz decrochéieren. Dat läit un engem System, dee primär op Kanner zougesechnitten ass, déi gesond sinn, déi Elteren hunn, déi se ënnerstëtzen, an déi doheem Lëtzebuergeresch schwätzen. Dat gesäit een och an de Schoulbicher.

Wéi eng rezent Etüd vun der Uni Lëtzebuerg weist, felt et an eise Schoulbicher ëmmer nach un der Duerstellung vun net wäisse Persounen. An och Persounen mat Handicap gi just an de Bicher traitéiert, wann et ëm den Handicap geet, mee net wann et ëm d'Duerstellung vun Alldagssituatiounen geet.

Esou gesäit geliefte Inklusioun net aus! An dat huet och en Afloss op d'Chancëgläichheet. Déi genannten Etüd konnt kloer weisen, dass et an eise Schoulbicher primär heteronormativ Identifikationsfigure mat wäisser Hautfaarf gëtt. Fir all déi aner bleift weening Fläch fir Projektiounen. U si gëtt eeben net geduecht!

Dat ass vläicht dann dat nämmlecht, wéi wann ee seet: „Déi eng sinn eebe geneetescht net predisponéiert, fir Schoulen ze maachen.“ Ech mengen, den Här Kersch huet dat ganz richteg thematiséiert. An ech war genauou erschreckt, wéi ech hei op der Tribün vun der Chamber Theesen héieren hunn, déi virun 80 Joer zu grujelegen Dote gefouert hunn, ...

**Une voix** | Haha!

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... an dat vun engem, dee sech heibannen „honorabelen Deputéierten“ nennt!

**M. Fred Keup** (ADR) | Lige-Clement! Du hues keng Anung vu Geschicht!

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Wannechgelift!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, ech géif Iech bieden, fir den néidegen Toun heibannen ze suergen. Well mir duzen eis, mengen ech, nach net heibannen. Zumindest déi Persoun wëll ech op kee Fall duzen, well ech wëll och eng Kéier ganz kloer soen: Wann ech mech hei un Iech alleguerten adresséieren, léif Kolleginnen a Kollegen, gëtt et eng Persoun, déi ech explizit ausschléissen. An dat ass mäi Virriedner!

**M. Fred Keup** (ADR) | O Mamm, o Mamm!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mee bref!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dierf ech eng Fro stellen, Här President?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Nee, ech wëll keng Fro vum Här Kartheiser. Dat ass mer ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dat ass och besser. Dir kritt se net, well Dir kéint net drop äntweren, Här Clement.

(Hilarité)

**M. Sven Clement** (Piraten) | O, Här Kartheiser, ...

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Den Här Clement huet d'Wuert a soss keen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... ech wousst, dass wann ech „heteronormativ“ géif soen, wann ech „net wäiss Persoun“ géif soen, ...

(Interruptions)

... wann ech Är eege Partei géif mat Äre rassistesche Prejugéë konfrontéieren, ...

(Interruptions)

... dass Der dann de Bak net kéint halen. Mee jo ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... Här Clement!

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... dat ass eben esou.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Wannechgelift, den Här Clement huet d'Wuert. An Här Clement wannechgelift, kommt zrëck bei den Ordre du jour. Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech sinn nach beim Ordre du jour, well ech schwätzen eebe genau dovunner, dass wéinst esou steilen Theese wéi där, déi mäi Virriedner hei ausgedréckt huet, dass e gesot huet, dass eebe genau wéinst deene mangelnde Projektionsflächen a well et esou Theesen nach gëtt, och am Enseignement manifestement nach gëtt ...! Well et därfeen een net vergiessen, dass déi Persoun och Enseignant ass vu Formatioun.

(Interruption)

Glécklecherweis net Geschichtsproff, mee Geosproff – well soss wäeren déi Theesen nach méi schwéier ze erklären. Mee bref.

(Interruption)

Wann een dann och nach e Schoulsystem huet, dee Kanner scho ganz fréi no hirer Leeschtung kategoriséiert, dann dierf ee sech net wonneren, wa Stereotypen a Viruteeler weider Bestand hunn – a mir mierken et jo souguer heibannen – an d'Ongläichheeten doduerjer wuessen, während vill Kanner hiert schoulescht Potenzial net ausschöpfe kënnen, well se vun eenzelen Enseignanten dann och nach net richteg gefërdert ginn. Dat ass eebe mat d'Realitéit.

Här President, wa mer haut vun Ongläichheete schwätzen, da schwätze mer vun Ongläichheeten tëscht de Geschlechter, tëscht de sozioekonomesche Gruppen, tëscht Persounen mat oder ouni Migratiounshannergrond, tëscht de Sproochegemeinschaften an tëscht Persounen mat oder ouni Handicap. An all dës Ongläichheete sinn noweislech an eisem Schoulsystem ze fannen.

Datt hei Reformbedarf besteet, sollt also ausser Fro sinn. An deem Constat si mer eis alleguerten eens. D'Piraten ënnerstëtzen dofir d'Iddi, d'Alphabetiséierung an Zukunft a méi wéi just enger Sprooch unzëbannen, dës a verschidde Klassen, déi awer innerhalb vun där selwechter Schoul zesumme léieren a sech fir aner Fächer wéi d'Sproochen och ënnerenee mëschen, fir esou ze garantéieren, dass et en Austausch tëscht deenen engleschsproochegen, franséischsproochegen a Lëtzebuerger schwätzende Kanner gëtt.

Des Weideren hoffe mer, dass et esou séier wéi méiglech zu enger Upassung vun de Schoulbicher komme wäert, déi der Verfestegung vu Geschlechterstereotypen an der Ausgrenzung vu Persounen mat net wäisser Hautfaarf an/oder engem Handicap en Enn setzt.

Wat dann d'Reformiddi ugeet, d'Schoulpflicht op 18 Joer eropzesetzen, fir dem Décrochage scolaire entgéintzewierken, muss ech soen, si mir Piraten skeptesch. Natierlech ass et um Pabeier eng exzellent Mesure. D'Zuel vu Mannerjärege, déi d'Schoul ofbriechen, géif sech mat esou engem neie Gesetz op ee Coup dramatesch reduzéieren. Mee wär domat de Problem, dass verschidde Schülerinnen a Schüler esou een Degoût vis-à-vis vum Schoulsystem kréien, dass se d'Chance op e flotte Beruff einfach net wouere wëllen, geléist? Ech fäerten net. An zwar aus deem einfache Grund, dass dës Mesure un deene ville Problemer, déi ech elo scho genannt hunn, jo näischt ännert.

D'Schülerinnen an d'Schüler ginn dofir net besser encadréiert. Si gi just méi laang duerch e System geschleift, an dee se net erapassen. Wann een also iwwer eng Verlängerung nodenkt, dann dierf dat net ouni eng generell Reform vum Schoulsystem geschéien. Engem 16-Järege, deem absolut keng Loscht méi huet op d'Schoul, op eng Ausbildung oder iergendeppes, wat an iergendenger Form mat Léieren ze dinn huet, ze soen, dass en elo awer nach zwee Joer méi laang muss an der Schoul bleiwen, verbessert seng Chancen op en Diplom warscheinlech just an deene seelenste Fäll.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Dat si bal genau meng Wiederer.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Vill méi warscheinlech ass et, dass dës Persoun da gezwongenermoossen nach zwee Joer an eisem Schoulsystem mat schlechten Notte ronderëmgeréicht gëtt, nach zwee Kreeser dréit ...

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Dat därfe net sinn.

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... an dann awer ouni Diplom dosteet.

Och wann dat op den éischte Bléck um Pabeier e wéineg besser ausgesäit a mer an de Statistike besser ofschneiden, well dës Persoun net als Mineur d'Schoul ofgebrach huet, huet et dem Beträffenen awer näischt bruecht an et huet um Niveau vun den Ongläichheeten, déi iwwerhaupt eréischt zu dësem enormen Degoût vis-à-vis vun der Schoul gefouert hunn, och näischt geännert.

Hei erhoffe mir eis also, vum Minister nach méi ëmfaassend Pisten ze héieren, déi d'Reform vun der Dauer vun der Schoulpflicht begleet wäerten, well mer fäerten, dass een anescht déi vun den Ongläichheete verursaacht Problemer just verschiibt, mee net léist. Wéi den SEW/OGB-L an deem Kontext richteg soen, sollt een de Problem léiwer bei der Wuerzel paken, dass heescht, schonn an den éischte Schouljoren ugoen an net eréischt um Enn vum schoulesche Parcours, wou et heefeg schonns ze spéit ass.

Eise Schoulsystem ass fir ganz vill Mënschen hei am Land eng Hürd, déi hinnen d'Chance op e Beruff, deen hinne Freed mécht, nach ëmmer verbaut. Dat ass extreem schued an dat muss sech änneren. A jo, dass heescht, dass mer e Schoulsystem, dee mir heibanne wuel all duerchlaf hunn an dee wuel och méi oder manner gutt op eis 60 plus d'Regierungsbänk gepasst huet, well mir hunn e jo schliisslech alleguer gepackt, musse lassloossen, fir eis kënnen anzegeesoen, dass vläicht net alles gutt ass, wat gutt fir eis war.

D'Reforme vum Schoulsystem ziele wuel mat zu deene schwéiersten iwwerhaupt, well schliisslech jiddereen eemol an der Schoul war an dofir eng Meinung huet, an déi Meinung da ganz oft och nach déi ass: „Wann ech et hu misse packen, da sollen déi aner et och packen.“ Mee wann deen Debat vun haut eis eppes virun Ae gefouert huet, dann dach dat, dass mer et, hätte mir net eis Sproochekenntnisser, eise Gesondheets- an eise familiären Hannergrond gehat, vläicht och net gepackt hätten.

Ech hoffen dofir, dass mer an Zukunft eng parteiwwergräifend Reformbereetschaft an deem Dossier fanne wäerten an et dann endlech fir jiddereen heescht: „Wann ech et duerft packen, da sollen déi aner et och dierfe packen.“

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci dem Här Clement. Domadder ass d'Debatt ofgeschloss.

D'Regierung huet d'Wuert. Wannechgelift, den Här Educatiounsminister.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Sujet vun de Mëtten ass wuel ee vun deene wichtegsten awer och vun deene bestännegsten, déi all eis bildungspolitesch Debatten aus de leschte Joren, jo, ech géif bal soen aus de leschte Joerzénge begleet huet. An dat ass jo net nëmmen hei zu Lëtzebuerg esou. Ech denken, dass ass och ëmmer esou an dat wäert och, egal wat mer maachen, ni ophalen, en Challenge ze bleiwen.

Dofir sinn ech frou, dass mer mat enger gewëssener Rou iwwert dat kënnen kucken, wat mer gemaach hunn, wat fonctionéiert, wat mer musse weider verbesseren. Ech wëll awer och direkt virausschécken, dass et eng ganz besonnesch schwierig Aufgab ass, well wa mer soen, dass et sozial Inegalitéiten an der Gesellschaft gëtt, Kanner an ënnerschiddleche Familien, an ënnerschiddleche Verhältnissen grouss ginn



an datt d'Schoul muss derfir suergen, datt déi sech net reproduzéieren, da mussen mer der Schoul oder dem ganze Bildungsberäich eng Aufgab ginn, wou se eigentlech net hikënn, fir eppes ze änneren, nämlech doheem bei de Kanner, bei der Sproochesituatioun doheem, beim sozioekonomeschen Hannergrond doheem.

Dee kréie mir hei sécherlech – och an enger politescher Diskussioun – net geännert, och wa mer alles musse maachen an eis ëmmer nees selwer mussen a Fro stellen, ob mer net e Schratt weider musse goen, fir eng Gerechtegkeet kënnen ze schafen, datt all Schülerin, all Schüler dach de Maximum aus sengem Potenzial ka maachen. Well dorëms geet et jo eigentlech. All Kand kënn mat Potenzial op d'Welt. Et muss de Maximum kënnen dovunner developpéieren, mee datt et en Challenge ass, dat wësse mer, well mer op dat, wat doheem geschitt – an dat steet jo am Mëttelpunkt hei an der Diskussioun – kaum en Impakt kënnen hunn.

Da wëll ech awer och direkt agangs, Här President, nach eng Kéier ënnersträichen, datt mer d'Diskussioun net esou solle féieren – ech mengen, och net däerfe féieren –, datt mer alles schlecht maachen, wat fonctionéiert, alles schlecht maachen, wat an deene leschte Joren a Joerzëngte probéiert ginn ass. Wësst Der, ech hunn d'Chance an eng Rei vu menge Kolleeginnen a Kolleegen och, an den nächste Wochen erëm eng Kéier Honnerten, jo e puer Dausend, Premiëresdiplomer oder aner Ofschlossdiplomer, och aus der Berufsausbildung, kënnen iwwerreechen ze goen. An dat ass de Beleg derfir, datt fir vill Schülerinnen a Schüler eise Schoulsystem nach ëmmer gutt fonctionéiert, well déi losse mer mat engem Diplom d'Schoul verlossen, mat deem se souwuel an der Berufswelt wéi awer och an der akadeemescher Welt all Chancen hunn, net nëmme Fouss ze faassen, mee do och wierklech ze performéieren.

An duerfir solle mer och kucken, datt mer net Revolutiounen priedegen, datt mer net dat, wat gutt fonctionéiert fir déi Schülerinnen a Schüler, fir déi et gutt fonctionéiert, elo a Fro stellen, mee datt mer eis virun allem op dat solle konzentrieren, wat net gutt fonctionéiert a wat mer nach kënnen fir eng Rei vu Schülerinnen a Schüler besser maachen.

Da sinn ech frou, Här President, datt eigentlech vu ganz ville Riedner de Mëtteg de Fokus op e ganz kruziale Moment an der Bildungskarriär vun all Kand gericht ginn ass, nämlech dee ronderëm d'Alphabetiséierung, den Iwwergang vum Cycle 1 an de Cycle 2 an dann dat, wat mer am Ufank vum Cycle 3 an der Grondschoul feststellen.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Well et ass do, wou d'Bildungsetüden, déi jo net nëmme soen, datt mer nach ongerecht sinn an datt mer kéinte méi aus dem Potenzial vun all Schüler an all Schülerin maachen, mee wou se eis an de leschte Joren och ganz kloer higefouert a gesot hunn: „Do läit eigentlech de Problem.“ Dee Moment, an där doter Altersphas vun Enn Spillschoul bis Enn Alphabetiséierung, datt do d'Schéier amgaang ass auserneegezogen, an dat schonn zanter Laangem. Also musse mer eis och op dat konzentrieren, wat do geschitt, respektiv op dat, wat net esou geschitt, wéi mer eis et géife wënschen. An dat denken ech, ass och de Meritt vun dem LUCET, dem Luxembourg Centre for Educational Testing, dem Bildungsbericht, dem Observatoire de la qualité scolaire an aneren Acteuren, déi dat doten och ëmmer nees analyséieren a probéieren, den Debat hei ze objektivéieren. An et ass jo och do gesot ginn: „Mir mussen do d'Wëssenschaft och eescht huelen a mir musse se zouloossen

a mir mussen se eis och iergendzousch guidéieren loosser.“ Well wa mer net op Fakte lauschteren, wa mer net op Donnéeën kucken, wa mer net op d'Wëssenschaft lauschteren, da losse mer eis just duerch Gefiller an dat, wat mer dann am Bauch hunn – jidderree fir sech, duerch seng Erfahrung, duerch seng Approche, vläicht duerch seng politesch Iwwerzeugung oder duerch seng Liewenserfahrung – guidéieren. An dat muss net ëmmer dat treffen, wat dach awer fir e jonkt Kand hei am beschten ass.

An duerfir wëlle mer jo kucken, datt mer de Fokus op déi Diskussioun ronderëm d'Alphabetiséierung richte. A mir si frou, datt mer Experienzen an den internationalen effentleche Schoulen hunn, wéi mer ënner anerem och op Franséisch kënnen alphabetiséieren, an datt mer elo e Schratt méi wäit ginn. Doriwier hu mer eréischt virun e puer Wochen hei méi am Fong diskutéiert, fir eeben dat och kënnen an eisen traditionelle Schoulsystem eriwuerzehluelen, fir ze kucken, ob mer et do och mat deem Usproch hikeréien, fir dann eeben uewen am Cycle 4 herno eng gemeinsam Orientatioun an déi ganz Bandbreit vu Méiglechkeeten, déi vum classesche Lycée, dem generelle Lycée, dem Préparatoire, awer och den internationalen Offeren, kënnen ze assuréieren an ob mer der do herno méi – a soe mer dann emol, mee mir sollen et jo net soen – an déi Branchen erakréien, an déi Sektouren erakréien, an déi Weeër erakréien, wou mer der eigentlech momentan ze vill hunn. Ech wëll elo keng Hierarchiséierung maachen, well et ass jo gefuerdert ginn, datt déi soll opgehuewe ginn.

Déi allgemeng Problematik, wéi mer en Impakt kënnen hunn duerch eis ganz Bildungsoffer, déi mer maachen, déi mer entwéckelt hunn an déi mer weider mussen entwéckelen, op d'Situatioun vun engem Kand doheem, mengen ech, gëtt och hei zu Lëtzebuerg an awer och a villen anere Länner ëmmer nees erfuerst. An et schiele sech eng ganz Rei vu Pisten eraus, déi dach awer villverspriedend sinn. An ech mengen, mir sollten eis och duerfir op déi konzentrieren. An et ass eigentlech och dat, wat mer an de leschte Jore probéiert hunn ze maachen.

Et sinn d'Liewenskonditiounen doheem, et sinn och déi sozial Kontakter vum Kand doheem. Et ass eng Méiglechkeet, sech auszudrécken, sech ze inspiréieren, seng Stimulatioun, déi et gebuede kritt a sengem privaten, familiäre Kontext oder eeben och enzousch anescht. Et ass de Bildungsgrad an d'Beruffstätégkeet vun den Elteren, déi offensichtlech hei e ganz staarken Impakt hunn. Et ass awer och zum Beispill de Gesondheitszoustand an déi sozial Ofsécherung vun de Familjen an de Familljememberen. An et ass de Migratiounshannergrond vun der Famill, awer och déi sozial Mobilitéit vun der Famill.

Do derbäi kënn jo nach eng Kéier grad am Lëtzebuerg Kontext déi Hyperdiversitéit, déi mer nun awer emol hunn an déi jo eng Situatioun mat sech bruecht huet, déi net komparabel mat engem eenzege anere Land ass. An et ass de Mëtten och hei gesot ginn: Mir sinn als Land vläicht komparabel mat Quartieren an anere Ballungsgebitter, mee mir kënnen eis als Land net esou mat den anere Flächlänner vergläiche loosser. Do fannt Der eeben, virun allem, wat de Migratiounsphenomeen ubelaangt, keng komparabel Situatioun. An Dir fannt och, wat d'Sproochesituatioun ugeet, souwuel déi gesellschaftlech gefuerdert Méisproochegkeet, déi mer jo wëllen a musse bäibehalen, wéi awer och déi ganz ënnerschiddlech Mammesproochen, déi d'Kanner matbréngen, mat deene se doheem opwuessen, an deem Mooss a kengem anere Flächel.

An duerfir mengen ech, musse mer och kucken, datt mer eis net nëmme international duerch Etüde

vergläiche loosser, déi dat riskéieren ze vergläichen, wat net ze vergläichen ass, mee mir mussen an de Fong goen a kucken, wat zu Lëtzebuerg klappt, wat nach net klappt a wou mer do mussen usetzen.

Mir hunn an där Politik, déi mer elo déi lescht Jore gemaach hunn, mat, mengen ech, zéng verschiddenen Usätz probéiert – dat kann een esou resuméieren –, d'Chancégerechtegkeet fir Kanner, déi hei zu Lëtzebuerg op d'Welt kommen oder och déi, déi während hirer Scolaritéit bei eis kommen, unzehiewen.

Ech denken, datt et richtig war, een Usatz ganz staark ze thematiséieren, an et ass deen, deen d'Wëssenschaft eis mat op de Wee gëtt: datt d'Basis vun allem an den éischte Jore geluecht gëtt an duerfir eeben och e Qualitéitskader fir eis Crèche, duerfir awer och eng méisproocheg Fréiförderung an de Crèche, duerfir eeben och ganz kloer eng Förderung vun de kommunikative Kompetenzen an de Crèche. Heiansdo gi jo hei Saache gefuerdert, déi mer scho laang en place hunn. D'Konzepter vu phonologescher Bewusstheit am Cycle 1 hu mer en place. Et ass vläicht net genau eent zu eent dat, oder et heescht net esou, wéi et vläicht ganz laang Zäit hei duerch d'Medie gezu ginn ass, mee et ass inhaltlech genau dat, wat an eise Cycle 1 dach awer fonctionéiert.

En anere Schwiéerpunkt vun eiser Politik, an et ass de Mëtteg och gesot ginn, ass, sämtlech Efforten ze maachen, fir och Kanner mat extrae Besoine kënnen ze ënnerstëtzen, datt se an der Reegelschoul kënnen bleiwen. An ech wëll awer einfach nach eng Kéier soen, wou mer do haut stinn: 0,8 % vun eise Schülerinnen a Schüler ginn an engem Kompetenzzenter beschoult. All déi aner, also 99,2 % vun eise Schülerinnen a Schüler, ginn an d'Reegelschoul. Sicht en anert Land, dat dat doten erreecht huet! Sicht en anert Land, dat dat doten erreecht huet, well do ass e Multipel vun deenen 0,8 %, déi mir hei an deem, wat an anere Länner „Sonderschulen“ genannt gëtt, beschoulen, déi do net an d'Reegelschoul kënnen goen.

An ech mengen, datt mer duerfir hei d'Diskussioun ronderëm d'Inklusioun weider musse féieren a kucken, wéi mer déi Kanner esouwuel an engem Kompetenzzenter wéi och an der Reegelschoul kënnen ënnerstëtzen, fir datt och déi hiert Potenzial maximal kënnen developpéieren. An do sinn de Mëtteg och nach eng Kéier eng ganz Rei vun interessante Remarque gemaach ginn, ënner anerem iwwert d'Fréierkennung an domadder och eng Fréiförderung vun eenzele spezifischen Entwicklungsberäicher, sief et wat déi logopedesch Kompetenzen ubelaangt, sief et wat d'Motorik ubelaangt. An do hu mer jo scho laang d'Fréierkennung vum Centre de logopédie. Mir wäerten och flächendeckend d'Fréierkennung, de Fréidiagnostic, an deene 15 Regioune vun eise Land no der nächster Rentrée assuréieren. An dat, denken ech, si grouss Schrëtt no vir, déi mer do maachen, well mer wëssen alleguerten, an ech mengen, do si mer eis jo och an der Debatt de Mëtteg hei eens gewiescht, datt wat mer esou Defiziter éischer erkennen, wat mer éischer d'Chance hunn, nach besser kënnen dorobber ze reagéieren an d'Entwécklung vum Kand ze beaflossen.

Jo, mir wäerten an den nächste Wochen – ech mengen, d'Chamber kann do decidéieren, ob mer dat nach virum Summer maachen oder nom Summer – d'Evaluatioun vum ganzen Dispositif vun der Inklusioun nach eng Kéier hei presentéieren kommen. Ech denken, mer kënnen dat, fir eng flott Debatt an eng konstruktiv Debatt ze kréien, fir d'alleréischst an der Chamberskommissioun maachen an duerno vläicht och eng Kéier hei an engem Debat thematiséieren an zesumme kucken, ob mer eng Rei vu Konklusiounen dorausser kënnen gezu kréien. Déi Rapporten, déi leie vir.

Et ass och gesot ginn, dass mer do nach méi staark op d'Wëssenschaft missten zréckgräifen. Dat maache mer och. Einzel Aspekter vun eiser Inklusiounspolitik an eiser Politik fir Kanner mat extrae Besoine loosse mer grad och haut elo momentan vun der Uni.lu analyséieren an eis doranner weider ënnerstëtzen, wat d'Entwécklung dovunner ubelaangt.

Ech mengen, ech brauch net méi vill zu der Diversifizierung vun eiser schoulescher Offer ze soen, dat en drëtten Usaz ass, an dee mer wierklech vill investéiert hunn: déi sechst ëffentlech agreéiert Europaschoul, déi mer am September hei opmaachen a vun där mer vläicht d'nächst Woch oder an zwou Woche jo och de Projet de loi definitiv hei kënne guttheeschen. Mir hunn doriwwer virun e puer Woche geschwat. Et gëtt och brittesch Programmer, et gëtt aner international Programmer. Et gëtt och eis Lëtzebuergesch Programmer, déi mer an anere Sproochen offréieren. Och dat ass en Aspekt, deen eigentlech kaum diskutéiert gëtt, soudatt mer méttlerweil eng ganz Bandbreet vu schouleschen Offeren hunn, déi dach awer vill méi no un der Bandbreet vun de Kompetenzen, den Talenter, den Interessen a virun allem vun de sproochleche Fäegkeete vun eise Schülerinnen a Schüler leien. Domadder, denken ech, ass awer e Kärelement ginn, fir fir all Kand hei zu Lëtzebuerg dach awer fair Bildungschancë kennen ze assuréieren.

E véierte Pilier vun där doter Politik ass déi Ganzdagsoffer, déi mer opgebaut hunn, bei där et virun allem och drop ukënnt, d'Qualitéit ze assuréieren, woubäi mer jo net midd ginn, ze betounen an déi Strukturen an déi Richtung ze entwéckelen, dass et net nëmme méi eng reng Betreierung an der Maison relais, am Foyer scolaire ass, mee dass et nonformal Bildung ass, bei där mer eng ganz Bandbreet vu Kompetenz vun de Kanner och während där Zäit kënne developpéieren.

An och do erëm eng Kéier: Liest d'Wëssenschaft, liest d'Wëssenschaft, wat se seet. Et sinn d'Ganzdagsschoulen an d'Ganzdagsofferen an et ass d'nonformal Bildung, déi zur Chancégerechtkeet bäidroen, déi dat, wat op anere Plaze vläicht feelt, wat net present ass, wou et net um Wëlle feelt, mee un anere Moyenen, kënne kompenséieren. An duerfir sinn ech frou, dass mer och do an den nächste Wochen nach eng Kéier kënne eng grouss Etapp huelen, fir wierklech och während de Schoulwochen d'Maison-relais gratis kënne ze maachen, fir wierklech eng Bildungsoffer ze hunn, déi fräi zougänglech ass fir jiddereen an an där mer héich qualitativ Standarde setzen an domadder, denken ech, och nach eng Kéier méi eng gerecht Bildungslandschaft hei zu Lëtzebuerg kënne schafen.

Déi schoulesch Retarde sinn e Phenomeen an dee muss eis interpelléieren. De Mëtten ass souwuel nach vu Redoublement wéi vun Allongement de cycle geschwat ginn. Ech mengen, dass mer net nëmme mussen un déi strukturell Fro erugeen, ob mer de Redoublement oder den Allongement de cycle wëllen zouloossen oder net. Mir mussen virun allem kucken, wéi mer de Schüler oder d'Schülerin ënnerstëtzen, dass et net derzou kënnt an dass se eng Entwécklung hunn, déi eebe komparabel ass mat all deenen aneren an déi den Uspréich vun eise Bildungssystem, notament vun engem Plan d'études, eeben och da gerecht gëtt, an dass een déi Kompetenzsockelen erreicht, déi eeben erlaben, dass ee ka bedenkelos eng ganz normal Schoulkarriär maachen.

An do hu mer jo och nach emol e Facteur vun Ongerechtkeet an Ongläichheet dach awer detektiert. An dat ass, dass déi eng Kanner doheem bei enger Hausaufgab kënne gehollef kréien, heiansdo nach Hausaufgabe souguer doheem derbäi gi ginn. An

anerer déi Hëllef doheem ... Och do ass erëm eng Kéier dacks net de Wëllen, mee et ass d'Kënnen, dat net ginn ass. Wann ech zum Beispill eis Schoulsproochen net beherrschen, da geet dat jo einfach net, dass ech d'Kanner esou suivéieren. Wann ech aner Stonne schaffen, da geet dat einfach net, dass ech d'Kanner bei den Hausaufgaben esou suivéieren. An duerfir wäerte mer och d'Chamber deemnächst iwwer eist Konzept vun der Hausaufgabenhëllef informéieren, déi och gratis an ab der nächste Rentrée fir all Kand fräi zougänglech ass.

An aner Initiativen, denken ech, si geholl ginn. Méi rezent d'Summerschoul, wou mer jo och do wierklech nach eng Kéier fokusséiert kënne intervenéieren op schoulesch Retarden. Den Appui pédagogique mat der Reform vun 2009 am Fondamental, och do nach eng Kéier ..., wat substanzuell Ressourcë sinn an eiser Grondschoul, déi do sinn, fir genau op déi dote Retarde kënne anzewierken an all Kand och do kënne weiderzehlëfen, wat jo an der Schoulzäit geschitt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Orientatioun ass ëmmer eng Erausforderung. An ech hunn och d'leschte Kéier hei betount, dass et eng besonnesch Erausforderung ass: Wa mer méi en diversifizierte System hunn, da mussen mer nach méi Wäert op d'Orientatioun leeën. An natierlech hu mer nach ëmmer de kruziale Moment, deen den Iwwergang tëscht dem Fondamental an dem Secondaire ass. An ech sinn eigentlech immens frou, dass mer et 2017 fäerdegbruecht hunn, den Elteren do méi Matsproocherecht ze ginn. An d'Resultater ginn eis jo och Recht. Net nëmme, dass mer elo kënne soen: Mir hu méi Orientatiounen oder manner Orientatiounen, virun allem an de Préparatoire. Dat kann ee jo dann net nëmme arithmetesch esou feststellen, mee virun allem gesi mer, dass et an deenen allermeeschte Fäll, a bal 100 % vun de Fäll, e Konsens gëtt, well et eng Diskussioun gëtt tëscht dem Enseignant an den Elteren a well déi Diskussioun schon am Cycle 4.1 ufängt an net eréischt iergendwann ganz zum Schluss, wann eigentlech schon alles decidéiert ass. Domadder kënne d'Kanner dann och nach eng Kéier doheem probéieren, hiert eigentlecht Orientatiounszil iwwer schoulesch Leeschtungen ze realiséieren.

Mee aner Efforte sinn de Mëtteg an der Debat jo och opgezielt ginn. Ech brauch net méi an den Detail ze goen: d'Maison de l'orientation, déi, mengen ech, e flott Konzept ass an un där mer weider mussen schaffen, fir se nach méi villfälteg, nach méi zougänglech ze maachen, nach méi no bei de Beruffer kënne ze organiséieren, awer och déi Schoulfoire, op där een eigentlech gesinn huet, wat déi ganz Panoplie vu schoulescher Offer ass, déi mer hunn, woubäi awer eigentlech fir all Besoin, fir all Talent, fir all Interessi och eng Formatioun zu Lëtzebuerg existéiert. Mer mussen oppassen, dass mer d'Kanner an déi Jonk doranner ënnerstëtzen, dass se dann och de richtige Wee duerch eise Bildungssystem fannen.

Et ass gesot ginn an et ass jo och hei positiv erwänt ginn, ech menge vun der Madamm Hansen, dass déi Reform am Cycle inférieur vum Enseignement secondaire général déi richteg Approche ass, well mer net wëllen, dass vläicht eng Schwächt an engem Fach duerfir responsabel ass, dass ech eigentlech generell déi aner Stärkte guer net méi kann developpéieren. Dat dierf et net sinn an duerfir muss eeben och méi integréiert, differenziéiert ginn oder d'Klasse mussen aneschtens opgedeelt ginn, an eenzel Auditoren, fir dass ech mer en Niveau an enger Rei vu Fächer kann adaptéieren – en Niveau de base an en Niveau avancé – an domadder awer zum Beispill an deem enge Fach en Niveau avancé kann absolvéieren an deen errechen, wann ech an deem anere Fach vläicht nëmme en Niveau de base hunn.

Ech denken, dass dat awer vill méi stimulant ass fir Jonker, fir Schülerinnen a Schüler, wéi dat, wat mer virdrun eigentlech da just gemaach hunn, fir deem engen da permanent eng Datz ze ginn an e spieren ze loosse, dass en total iwwerfuert ass, well domadder hu mer eigentlech seng Motivatioun och fir aner Fächer ganz dacks erofgezunn.

De Bien-être vun de Schüler ass, mengen ech, och nach eng Kéier während der Pandemie an de Fokus geroden, an zu Recht. An et dierf net nëmme dee Moment sinn. Ech mengen, mir hunn hei och an deene leschte Joren Diskussiounen iwwert de Bien-être vun de Schülerinnen an de Schüler, iwwert de Phenomeen vu Jonker, déi sech suicidéieren, gefouert. Alles dat brauch permanent eis Observatioun.

Wa mer zum Beispill nëmme kucken, wat d'Grënn vun engem Decrochage sinn: Do ass gesot ginn, jo, et kéint eng falsch Orientatioun sinn. Dat ass ee vun de Grënn, mee et ass ganz dacks och d'Wuelbefanne vun deem Jonken an et ass ganz dacks och seng mental Gesondheet. An duerfir mussen mer, denken ech, och alles iwwert déi Strukturen maachen, déi mer am schoulesche Beräich hunn, awer och iwwer Strukturen, déi mer am ausserschoulesche Beräich hunn, Strukturen, déi och ënnert d'Kompetenz vum Ministère vun der Éducation nationale, de Kanner an der Jugend falen, wéi d'Jugendhëllef zum Beispill, awer och Strukturen, déi an de Beräich vun der Santé, notament der Santé mentale falen.

Da sinn ech frou, dass och ënnerstrach ginn ass, dass d'Eltere mussen matagebonne ginn. Well wa mer jo hei vun enger Ongerechtkeet schwätzen, dass an eiser Schoul d'Kanner aus där enger Famill manner Chancen hu wéi déi aus där anerer, da mussen mer jo d'Famill mat abannen, da mussen mer probéieren, d'Famill ze stäerken, da mussen mer probéieren, d'Famill fir déi eng oder déi aner Grondprinzipien – och vun der Entwécklung vum Kand, vu pedagogesche Grondprinzipien – fit ze maachen, fir dass si hirer Responsabilitéit als Mamm an als Papp kënne gerecht ginn. Et geet net dorëms, ob een als Mamm an als Papp elo seng Berufsaktivitéit aschränkt oder net. Dat muss een an all Fall ëmmer maachen a seng Responsabilitéit iwwerhuelen.

Déi dote Grondprinzipie vun der Entwécklung vum Kand a vun deem, wat een als Mamm an als Papp ze leeschten huet, fir eng gutt Entwécklung vum Kand ze assuréieren, kann een u keng Crèche, u keng Maison relais, u keng Schoul delegéieren. An duerfir mussen mer d'Elteren och do stäerken. Dat wäerte mer ab der nächste Rentrée och maache mat Eltere vum eise Grondschoulen an de 15 Regiounen am Land, rattachéiert – raimlech rattachéiert – un d'Direktiounen, mee awer och ganz staark ënnerstëtzt vum Office national de l'enfance a vun eise ganze Service vun der Aide à l'enfance zesumme mat de besteeënden Acteuren, déi de Mëtteg, mengen ech, an der Ried vum Josée Lorsché och opgezielt goufen, déi an deem Domän aktiv sinn, do zwar éischter am Klengkandberäich, mee déi meescht maachen awer och Programmer iwwert de Klengkandberäich eraus. Mer wëllen do méi no un d'Leit kommen. Mir wëlle méi no un d'Eltere kommen a mir wëlle virun allem méi breet un e ganz breede Public kommen an och natierlech un déi Familien, déi mer eigentlech soss net errechen, duerch eng nidderschwelleg Hëllef, déi mer do kënne jidderengem ubidden.

An dann ass e Punkt, iwwert dee mer jo, denken ech, am nächste Joer, am leschte Joer vun dëser Legislaturperiod, nach intensiv wäerten diskutéieren, d'Erpsetze vum Schoulalter, vun der Schoulpflicht, vu 16 op 18 Joer. An natierlech ass et esou, Här Clement an all déi aner, dass et absolutt richtig ass, dass et näischt



géif bréngen an absolutt kontraproduktiv wär, elo just, ouni iergendeng aner Begleetsmeasure, den Alter vun der Obligation scolaire vu 16 op 18 Joer eropzesetzen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Duerfir hu mer joannonciéiert, datt déi dote Mesure begleet wäert ginn. Duerfir gi mer eis jo souguer nach eng Kéier dräi Joer Zäit, fir dann och aner Bildungsstrukturen en place ze setzen, déi zum Deel eng aner Offer kënne maachen, awer och mam Zil, dee Jonken an eng regulär Formatioun zréckzekeréien, fir datt en herno en Diplom ka maachen, mee déi virun allem awer och nach eng Kéier méi staark um sozioedukative Plang oder vläicht souguer um psychosoziale Plang dee Jonke kënne ennerstëtzen.

D'Erkenntnis ass déi, datt et bei engem groussen Deel vun deene Jonken, déi décrochéieren, a virun allem deenen, déi an der Inaktivitéit herno landen a sech do zréckzéien, der Gesellschaft de Réck dréinen, och ganz dacks eng Fro vu psychologesche Problemer, vu mentaler Gesondheet ass. Duerfir musse mer eis och d'Moyene ginn, mat deenen Outilen deementspriedhend och dorobber kënne ze reagéieren. An et ass keen, deen hei drun denkt, fir déi Kanner oder déi Jonk einfach nach zwee Joer méi laang an där selwechter Formatioun setzen ze loossen. Ech wär deen Éischten, deen dergéint wär, fir dat esou ze maachen. An dat hunn ech vun éischte Moment u gesot.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech wëll, Dir Dammen an der Härën, Iech alleguete Merci soe fir déi zum Deel engagéiert Rieden de Mëtteg. Ech wëll awer och Merci soen, well et ass eng ganz Rei vu sécherlech ganz valabelen Iddien hei och nach eng Kéier vun alle Säiten artikuliert ginn.

Ech wëll awer och nach eng Kéier ennersträchen: A mengen Aen op jidde Fall – do ennerscheeden ech mech da scho méi fundamental vun der Interpellant, dem Myriam Cecchetti – brauche mer keng Revolutioun, mee mir brauchen eng permanent Evolutioun vun eisem Bildungssystem. Mir sollen eis nach vill virhuelen, mee mir sollen awer ee Schrëtt nom anere maachen. Mir sollen e gutt iwwerleeën, am beschten zesammen iwwerleeën an déi Richtung, an déi mer wëlle goen, fir datt dat och eng Perennitéit huet an och nohalteg ka wirken. Well, an och dat, mengen ech, muss eis alleguerten hei aliichten, et ass net an Terme vu Legislaturperioden, wou mer hei mussen denken. Et ass an Terme vu Generatiounen, déi opwuessen, un déi mer mussen denken a wou mer och eréischt Resultater wäerte gesinn.

An dat Schlechtst, dat wär – an dat hunn ech mir virun nu bal néng Joer zur Aufgab gemaach –, einfach emol dat réckgäנגeg ze maachen, wad d'Virgänger gemaach hunn (veuillez lire: An dat Schlechtst, dat wär – an dat ze vermeiden hunn ech mir virun nu bal néng Joer zur Aufgab gemaach –, einfach emol dat réckgäנגeg ze maachen, wad d'Virgänger gemaach hunn). Well da gi mer fénnef Joer an déi Richtung a mir ginn erëm fénnef Joer zréck an dann erëm fénnef Joer an eng aner an dann erëm eng Kéier fénnef Joer zréck. An dann hu mer näischt erreecht. An duerfir denken ech, wann een aus enger Debatt wéi där heiter dat kondenséiert, wat de Konsens hei géif ausmaachen, a mir géifen eis dorobber konzentréieren, da géife mer de System net iwwerfuere. Mir kéinten d'Acteure vum Terrain, denken ech, mathuelen a mir géifen och nohalteg eppes schafen, wat Bestand huet an domat iwwerhaupt eréischt an enger

gudder Qualitéit entwéckelt ka ginn an eise Schülerinnen a Schüler wierklech géif erlaben, hiert voll d'Potenzial auszuschöpfen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Educationminister Claude Meisch. D'Parole après ministre ass fir d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk), interpellatrice | Merci, Här President. Merci, Här Minister. Ech hunn Iech ganz, ganz gutt nogelauschert. An alles, wat Der gesot hutt, ass ganz interessant. Den Här Lamberty, wann ech mech net ieren, hat gesot: „All Kand fénnt seng Schoul.“ E ganz interessanten Usaz, mee mengt Der net awer, dat wier illusoresch, datt mir eis do eppes virmaachen an datt dat och utopesch ass, well et leider, zemools am Fundamental, net esou funktionéiert, well do net all Kand seng Schoul ka fannen, well am Prinzip all Kand do an d'Schoul geet, wou et wunnt an d'Elteren och net onbedéngt d'Zäit an d'Geld hunn, fir se enzwousch aneschtens ze féieren oder och dee Schoulsystem ze bezuelen, wéi zum Beispill eng Waldorfschoul, déi jo awer op enger Plaz ass, wou ee se misst hiféieren, oder eng „Eis Schoul“, déi virdru genannt ginn ass, déi op enger Plaz ass, wou se missten higefouert ginn?

Et wier jo awer besser ze kucken, datt an deene Schoulen, an de Quartierschoulen an an de Schoulen, wou d'Kanner an d'Schoul ginn, eeben d'Offer an der Schoul selwer esou gehandhaabt gëtt, datt se fir d'Kand passt, dat heescht, datt mer verschidde Methoden, Materialien, pedagogesch Konzepter ëmsetzen, ganzheetlech léieren, mat alle Sënner léieren, an Ateliere léieren. Dat wier jo awer wierklech vill méi einfach. Duerfir ass am Fong geholl dat d'Revolutioun, datt een net soll nëmme verschidde Schoulen ausserhalb hunn.

Ech mengen, herno am Secondaire ass dat e bëssen eng aner Geschicht. Wat d'Kanner méi al sinn, wat se jo och kënne éischter mat dem éffentlechen Transport an eng Schoul fueren. An ech verstinn och ganz genau, datt ee méi spezialiséiert Ugebueter net kann an all Lycée ubidden. Dat ass eng Utopie. Also do si mer eis och eens, datt een dat net esou ka maachen.

Déi aner Saach ass: D'nonformal Bildung, déi Der ugeschwat hutt, ass an eisen Aen och immens wichtig, mee – ech betounen et nach eng Kéier – si ass net flächendeckend do. Déi ass och net fir all Kand an all Gemeng do. Ech mengen, datt een do wierklech nach muss dru schaffen, fir de Gemengen och d'Méiglechkeeten ze ginn. An ech mengen och, datt d'Regiierung oder de Ministère do de Gemengen onbedéngt muss dobäi hëllefen.

Dir hutt gesot, datt d'Eltere mussen agebonne ginn. Dir hutt och gesot, datt d'Entwécklung vum klengen Kand ganz wichtig ass. Ech hunn och do ganz gutt nogelauschert an ech sinn immens frou, well ech mengen, datt eis éischt Motioun dann hei vun de Majoritéitspartei matgedroe gëtt, well déi an déi Richtung geet. Ech sinn awer och vläicht e bëssen naiv.

Dann hat Der och geschwat vun de Konzepter vu phonologescher Bewosstheet. Dat ass wouer. Ech mengen, de Ministère huet do immens vill Efforte gemaach. En huet dem Cycle 1 dat Konzept fräigestallt, fir datt se domadder schaffen, mee mir wëssen awer och alleguer hei, datt dat um Terrain awer och net an all Cycle 1 gemaach gëtt. Et ass jo keng Pflicht. Et mécht do jiddwereen e bëssen, wéi e wëll, datt heescht, d'Material ass do, gëtt awer net onbedéngt ugewannt an och net onbedéngt do ugewannt, wou et gebraucht gëtt, wat einfach immens schued ass.

An da wollt ech och nach froen, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Cecchetti, d'Parole après ministre ass limitéiert op en Temps de parole vu fénnef Minutten.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk), interpellatrice | Ok, nach ganz kuerz, ech si jo eréischt bei dräi Minutten. Ok, ganz kuerz. D'Inklusioun, hat Der ugeschwat. Do géif et mech interesséieren, ob bei deenen 0,8 % och déi mat dra sinn, déi am Ausland ageschoult sinn, well mir wëssen och do, datt leider Gottes eng Rei Leit hir Kanner an d'Ausland muss ginn, well se sech hei an der Offer net erëmfannen oder aus wéi enger Ursaach och ëmmer. Ech mengen, ech wëll och net dorobber agoen. Dir wësst vläicht méi, aus wéi engen Ursaachen dat ass.

Jo, datt wier et da grosso modo gewiescht. Ech géif Iech Merci soe fir d'Äntwerten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier zréck un den Här Educationminister.

(Interruption)

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Jo, merci, Här President. Ech mengen, déi Sujeten hei kënne mer endlos weider diskutéieren. An et ass och net ze resuméieren an engem Nomëtteg an och an enger begrenzter Riedezäit. Dat ass kloer.

Ech denken, datt, wat déi nonformal Bildung ubelaangt, déi Der ugeschwat hutt, do ass jo eng Motioun do, wou ech géif recommandéieren: Déi kënne mer eigentlech hei net esou unhuelen, well dat, wat do steet, datt mir d'Gemengen ennerstëtzen, datt se souwuel fir déi nonformal Bildungsoffer solle suerge wéi awer och méi Precoc sollen assuréieren a grad och an deem Alter déi kombinéiert Variante vu Precoc a Maison relais a Kantinn sollen offeréieren ...

Also ech wëll Iech nach eng Kéier soen, wat de Staat alles mécht. De Staat, dee bezitt d'Schoulpersonal fir de Precoc. De Staat, dee subventionéiert de Raum, wou dann de Precoc och stattfënnt. De Staat subventionéiert och de Raum, wou d'Maison relais stattfënnt. De Staat subventionéiert och zu 75 % de Fonctionnement vun der Maison relais. Also do läit et dann awer net méi, denken ech, un der Regierung, wann et do nach Diskrepanze gëtt tëscht der Demande an der Offer an enger Gemeng oder an enger Regioun. Mee dann, mengen ech, läit et awer och do un de lokalen Autoritéiten, fir deementspriedhend och kënne déi Subventiounen offeruieren, andeems se Projete realiséieren an dat dann och ubidden.

Den aneren Aspekt, op deen ech vläicht nach kuerz wëll agoen: eng Schoul fir all Kand. Jo, et gëtt sécherlech do en Ennerscheid tëscht dem Lycée an dem Fundamental. Ech mengen awer, datt och déi international Grondschoulen hir Daseinsberechtigung hunn, well mer alles dat sécherlech net an enger Schoul, och net iwwerall am Land, esou reproduzéiert kréien!

Mir schéngen eis eens ze sinn, Madamm Cecchetti. Da schéng mer och bei enger anerer Motioun eens ze sinn, datt mer déi net solle stëmmen, well Dir frot eigentlech, datt mer dat alles erëm sollte fusionéieren: déi international éffentlech Schoulen an eisen traditionelle System. Ech menge schonn, datt mer och eng Daseinsberechtigung herno vu béide Systemer wäerten hunn, och wa mer dat maachen, wat mer jo elo amgaange sinn, ze maachen: vun deem engen, vun deem méi neien, vun deem europäesche System ze léieren, fir eeben deen een oder deen aneren Impuls och an eisen traditionellen System kënne ze ginn. An dat maache mer mat de Pilotprojete ronderëm déi franséisch Alphabetiséierung. Da solle mer deem och eng Chance ginn!

An da mengen ech schonn, datt eis Grondschoulen, déi traditionell Grondschoulen an all Quartier sech och herno esou mussen ausrichten, datt se eigentlech eng oppen Dier hu fir bal all Kand aus deem Quartier do. An da wäert et awer nach ëmmer deen een oder deen aneren, well en awer nach eng Kéier mat anere Sproochen heihinnerkomm ass an d'Situatioun aus iergendengem Grond nach méi komplex ass, vläicht ginn, deen och an eng aner international Grondschoul sollt goen.

Mee dat, denken ech, sollt eist Zil sinn. An en éischte Schrëtt an déi dote Richtung, dat sinn déi Pilotprojeten, déi am nächste September starten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Educatiounsminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

### Motions

Da komme mer elo zur Diskussioun respektiv zum Vott iwwert d'Motiounen.

### Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, an där konzeptuell Ännerunge gefrot gi fir den Enseignement précoce facultatif. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Claude Lamberty.

**M. Claude Lamberty (DP)** | Fir d'alleréischte wëll ech mech emol entschëllegen. Ech hat a menger Interventioun virduen der Madamm Cecchetti vergiess Merci ze soen, datt se dat haut de Mëtten ugefrout huet, an ech wëll awer net onhéiflech sinn.

Dann zu der Motioun 1, an ech mengen, ech huelen do direkt och d'Motioun 5, also déi vun der CSV an deen nammlechten Argumentaire. Et ass e bëssen dat, wat de Minister Claude Meisch och elo gesot huet: Mir sinn hei ganz staark an engem Beräich vun der Autonomie communale. Dat heescht, en huet och elo nach eng Kéier opgezielt, wat de Staat alles do scho subventionéiert, souwuel u Personal- wéi och Infrastrukturekäschen. An ech kann – perséinlech sinn ech och där Meenung – jiddwereen nëmmen invitéieren, fir déi Offer och unzuhuelen, souwuel als Gemeng, Gemengeresponsabel wéi och iwwerhaapt als Elteren. Et ass eng exzellent Saach.

Mee voilà, ech mengen, hei si mer op engem Punkt, deen d'Autonomie communale betrëfft, soudass ech an dësem Punkt menger Fraktioun géif proposéieren, déi heite Motiounen 1 a 5 ofzeleenen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Lamberty. Dann huet d'Madamm Hansen d'Wuert gefrot.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Jo, merci, Här Président. Ech fannen, d'Autonomie communale ass e bëssen eng bëlleeg Entschëllegung, well de Cycle 1 weist definitiv, datt en extreem wichteg ass fir d'Kanner. An de Staat huet awer eng Verantwortung, fir de Gemengen déi néideg Moyenen ze ginn.

Mir hu vläicht e puer divergent Vuë beim leschten an zweetleschte Punkt, mee ech hu mat der Madamm Cecchetti geschwat. Ech mengen, mir versti bal dat selwecht. Et steet vläicht net 100%eg do. Also wäerte mer dës Motioun ënnerstëtzen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hansen. Dann huet den Här Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här Président. Also an der Motioun vun déi Lénk steet jo eng ganz Rëtsch Invitten dran, woubäi ech fir den Deel, fir generell d'Ganzdagsschoul ze promovéieren, ganz vill Sympathien hunn, woubäi ech mer awer dann d'Fro stelle muss, ob grad am Precoce – do hunn d'Kanner dräi Joer – aacht Stonnen den Dag an der Schoul scho

richteg sinn. Ech weess, vill Eltere sinn drop ugewisen, datt hir Kanner aacht Stonnen den Dag oder méi an der Crèche sinn. Dat mécht et net onbedéngt besser. Dat heescht, et wär vläicht gutt, wa se och an engem Precoce kéinte sinn, do wou et méiglech ass.

Ech mengen awer, wat fir eis net iwwerschaubar ass, an duerfir wäerte mer eis och bei dëser Motioun enthalen, ass dee leschten Invite, nämlech deen, an deem et ëm d'Cours d'intégration linguistique fir Eltere geet, wou ech a) guer net iwwerblécke kann, wat dat fir en Opwand wär, b) net gesinn, wien dat géif organiséieren an c) och guer net ka gesinn, wat dat kaschte géif a wou déi Enseignanten dann och géifen hierkommen. An duerfir kann ech mech do nëmmen enthalen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement.

Ech mengen, da kënnen mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 1 kommen.

### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 27 Jo-Stëmmen, 30 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 27 voix pour, 31 voix contre et 2 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

### Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Dat ass déi Motioun, an där et ëm d'Konklusivum vum Rapport d'évaluation vun den internationalen ëffentleche Schoule geet. Wie wëllt nach zu där Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Claude Lamberty.

**M. Claude Lamberty (DP)** | Jo, och do nach eng Kéier e Merci, Här Président.

Et ass eigentlech deen zweete Punkt: „à harmoniser le système scolaire [...] en appliquant un même modèle [...]“. Do, mengen ech, deele sech einfach d'Vuën. Dat kann een esou gesinn, dat ass awer net, wéi mir dat gesinn. Ënnerschiddlech Schoulen ass

dat, wat ech virduen och a menger Interventioun nach eng Kéier en long et en large erkläert hunn. Et soll ee sech kënnen inspiréieren, jo, mee alles nach eng Kéier matenee verschmelzen, wéi dat hei gefrot ass, datt ass definitiv net esou, wéi mir et gesinn. Dofir géif ech do menger Fraktioun erëm proposéieren, dat ofzeleenen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Lamberty. Da kritt d'Madamm Martine Hansen d'Wuert.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Jo, merci. Deen éischten Tret fanne mer och ganz gutt. Ech denken, et muss eng Evaluatioun gemaach ginn, ier elo nach weider Europaschoule kommen. Mee mat deem zweeten, fir dann direkt duerno als Konklusivum ze soe „Mir wëllen harmoniséieren“, hu mer och e Problem.

Dat heescht, wa mer deen zweete géife fortloossen, kéinte mer et matstëmmen. Soss wäerte mer eis enthalen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hansen. Da geet d'Wuert un den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup (ADR)** | Merci, Här Président. Den éischten Tret fanne mer och gutt. Ech fannen, dass d'international Schoule sollen evaluéiert ginn. Mir haten och schonn eng Motioun eragin, déi e bëssen an déi Richtung gaangen ass. Deemools ass et drëms gaang, fir d'Sproochenkenntnisser no der Treizième oder – soe mer mol – nom Bac, dee se do maachen, ze kontrolléieren, ze evaluéieren. Duerfir ass dat fir eis och eng gutt Saach. An och sollt een dat maachen, ier een et effektiv ausbaut.

An dat anert ass e bëssen ... jo, déi Harmoniséierung, an dann awer Diversifizierung bei de Sproochen. Ech weess elo net genee konkreet, wéi dat gemengt ass, mee do ass nach d'Méiglechkeet do, eis ze iwwerzeegen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Keup. Da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här Président. Ech schléisse mech de Wieder vum Martine Hansen un. Den éischten Tret ass eis ganz sympathesch. Beim zweeten Tret weess ech net genau, wéi et soll ausgesinn. An ech ka mer och net wierklech virstellen, datt dat mat deene Fuerderungen, déi ech virduen a menger Ried developpéiert hunn, kompatibel wär. Wann deen drableift, da stëmme mer dergéint. Wann deen ewechfällt, da kënnen mer derfir stëmmen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Da ginn ech d'Wuert weider un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)**, interpellatrice | Jo, merci, Här Président. Bon, dann huele mer deen zweeten Tret ewech. Ech wollt awer erklären, datt mir eigentlech soen: Wann de Rapport d'évaluation iwwert d'International Schools gutt géif ausfalen a wann do erauskéim iwwert de Bildungsbericht, datt et eng Plus-value wier, sollt ee kucken, dat an deenen normale Fondamentalsschoulen ëmzesetzen.

An dat mat den Niveaue vun de Sproochen ass einfach dat, datt mir mengen, datt een net all Sprooch op deem nammlechten Niveau, op där nammlechte ... – wéi soll ee soen? –, jo, Niveau muss kënnen beherrschen. Et soll ee schonn d'Sprooch beherrschen, awer et muss ee se vläicht net alleguer grad perfekt beherrschen.

Voilà. Mir géifen dann deen zweeten Tret ewechfale loossen a loossen eis dann iwwerraschen.

Merci.



**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Den Här Claude Lamberty nach eng Kéier, well d'Proposition um Dësch ass, fir den zweeten Tret ewechzeloossen.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Et soll een dofir awer vläicht nach eng Kéier preziséieren, dass d'Evaluation jo souwisou geschitt, soudass mer mengen, dass dat hei dann trotzdeem superfetatoire ass.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | O nee!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Lamberty. Ech mengen, da kënne mer zum Vott iwwert d'Motion Nummer 2 kommen.

#### **Vote sur la motion 2 modifiée**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 28 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 2 modifiée est rejetée par 29 voix contre 31 voix.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Jean-Paul Schaaf), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydia Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

#### **Motion 3**

Da komme mer zur Motioun Nummer 3, an där et am Fong drëm geet, datt mer géint d'Inégalitëten an der Schoul solle virgoe mat dem Enseignement en tronc commun. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergreifen? Den Här Claude Lamberty.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Jo, ech mengen, ech verstinn Är Argumentatioun. Dir hutt Är Siicht jo och virdu ganz kloer hei developpéiert, firwat Der dat sot. Verstitt dann och eis Siicht oder meng Siicht, déi ech dann elo hei soen. Fir eis ass den Tronc commun net d'Léisung am Joer 2022. E bréngt net d'Léisungen op d'Erausforderungen, déi mer elo hunn. Dofir ass et, mengen ech, einfach nëmmen eng aner Vue op d'Politik, d'Schoulpolitik, wéi ee se haut ka maachen. Dofir géif ech eiser Fraktioun proposéieren, dat do net ze stëmmen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Lamberty. Da geet d'Wuert un den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Ech muss soen, dass ech ëmmer eng gewësse Sympathie hat fir d'Gesamtschoul, den Tronc commun. A jo, vum Gefill hier hätt ech dat och nach ëmmer, well et wierklech ... An enger idealer Welt wär dat eng flott Saach.

*(Interruption par M. Dan Kersch)*

Ech war awer och laang um Terrain an ech hunn einfach gesinn, dass trotzdeem d'Ennerscheeder an der Leeschtung vun, ech soen elo mol, deenen 10 % wierklech ganz gudd Schüler par rapport zu deenen 10 % méi schwache Schüler extreemst grouss ass. An ech gesinn net, wéi et méiglech soll sinn, och mat Diversifizéieren an esou, dat alles an eng Klass zesummenzesetzen. Ceci dit, si si jo bis zwielef Joer zesummen, mee fir et duerno nach bäizebehalen, gesinn ech als praktesch net ëmsetzbar. Dofir stëmme mer hei mat Nee.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Keup. Da geet d'Wuert un d'Madamm Martine Hansen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo, merci. Mir gesinn d'Gesamtschoul och net als Léisung fir dës Problemer an duerfir wäerte mer dergéint stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. An da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Wann een dat hei kombinéiert nach mat enger Verlängerung vun der Schoufflicht bis 18 Joer, da géif herno nach genau ee Joer Spezialisierung erausspringen. Dat ass eis Piraten definitiv ze kuerz. Mir sinn éischter fir eng Flexibiliséierung vun der Schoul offer. Deementspriedend stëmme mir och hei dergéint.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Da geet d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk), interpellatrice | Jo, et geet hei net drëms, en Tronc commun bis 18 Joer ze hunn. Et geet drëms, den Tronc commun ze hu bis do, wou d'Spezialisatioun lassginn. Am Seconnaire sinn dat nach véier Joer an am General sinn et dräi Joer. Dat heescht, dat wäeren dräi oder véier Joer nach derbäi fir en Tronc commun.

An do gëtt et eng super Schoul an Däitschland: d'Helene-Lange-Schule zu Wiesbaden, déi immens Progrès do gewisen huet, déi gewisen huet, datt ee ganz flott Ateliere ka maachen an datt een eeben op aneren Niveaue léiert. Mee bon, dat ass wierklech e komplett anere Point de vue an ech mengen, do komme mer net zesummen hei.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti.

Ech mengen, da kënne mer zum Vott iwwert d'Motion Nummer 3 kommen.

#### **Vote sur la motion 3**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 2 Jo-Stëmme géint 58 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen,*

*MM. Max Hengel (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydia Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

#### **Motion 4**

Da komme mer zur Motioun Nummer 4, an där eng Evaluatioun vun der Maîtrise plurilinguistique vun deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg scolariséiert waren, gefrot gëtt. Den Här Minister freet d'Wuert.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Jo, merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, ech mengen, datt ee sécherlech en Interessi hätt, eng Rei vun Donnéeën do ze hunn, an datt dat den Debat och vläicht nach eng Kéier géif objektiviséieren. Ech géif awer, éier mer elo ofmaachen, dat doten ze maachen, einfach emol eng Kéier kucken, wat et schonn alles an deem doten Domän gëtt, a kucken, ob mer net do scho vu besteeenden Etüde ganz ganz viles kënnen zesummendroen, wat eis eigentlech och ganz vill Äntwerte géif ginn, an dann herno vläicht nach eng Kéier cibléiert op dat awierken, wat mer momentan nach net hunn, well awer iwwert déi lescht Jore viles do studéiert ginn ass.

Ech wëll awer och nach eng Kéier soen: Et ass jo net ganz einfach, haut elo nach eng Kéier eng Etüd ze maachen iwwer „plusieurs générations“ ewech, wat d'Sproochekompetenzen ubelaangt, well déi, déi schonn net méi grad an deem Alter sinn, mat deem se elo viru kuerz aus der Schoul komm sinn, kënnen jo och emol Sprooch weiderentwéckelt hunn an där Zäit, zanter se aus der Schoul eraus sinn. Da kënne mer se net onbedéngt haut moossen an dat als dat gesinn, wat de Schoulsystem déizäit geleescht huet. A mir kënnen eis vläicht och net nëmmen op d'Schoulresultater vun där Zäit baséieren an dat mat deene Schoulresultater vun haut vergläichen, wëssend, datt mer och aner Programmer, aner Uspréich do entwéckelt hunn. Duerfir gesinn ech och methodologesch eng Rei vu Schwierigkeeten, wann ech dat doten esou liesen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Meisch. D'Madamm Hansen huet d'Wuert.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech hunn och oder mir hunn och eng Partie Problemer, well d'Evaluatioun vun de Kompetenze wär „fondée sur des exigences irréalistes“. Ech mengen, et muss een Ennerscheeder maachen. Ech fannen, datt a verschidde Beräicher vun der Berufsausbildung se vläicht net onbedéngt irrealiste ass. Op

verschiedene Plaze jo, do bräichte mer Upassungen, awer mir brauchen net nümme Upassunge vun den Niveauen, mee ech fannen, datt mer Upassunge brauche vum gesamte Sproochenunterrecht. Duerfir kenne mer dëst net matdroen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hansen. An da geet d'Wuert un den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup (ADR)** | Merci, Här President. Ech géif ufänke mat eppes, ... ech wëll och eng Kéier e bëssen Ierbessen zielen, wéi heiansdo och anerer et maachen. Duerfir kommen ech ganz op de Schluss vun de Consideranten. Do steet: „les trois langues officielles“. Nee, mir hu keng „trois langues officielles“, mir hunn dräi „langues administratives“. Dat ass awer en Detail. Dat ass och net de Grond, dass mer dergéint stëmmen.

Et ass effektiv dat e bëssen, wat d'Madamm Hansen sot. Ech hunn et och virdrun a menger Ried gesot: D'Exigenzen an de Sprooch sinn hei zu Lëtzebuerg net equivalent a sinn och net onbedéngt op engem extreem héijen Niveau. Ech hu gesot, et wär méiglech, seng Schoul ze packen, andeems een an engem Fach, an engem Sprooch, 30 huet, an engem anere 55 huet. Et ass och méiglech, eng Sprooch ze kompenséieren. Et ass och méiglech, am Lycée général e Parcours ze maachen, op deem ee wirklech eng Sprooch net onbedéngt muss elo ganz an der Profondeur léieren. Dat heescht, dee System gëtt et schonn. An duerfir ass et vläicht elo net méi ubruecht, fir dat esou ze schreiwen.

A wat elo de Schluss ugeet, fir eng Evaluatioun ze maachen, dat ass eigentlech och ganz gutt. Ech mengen, allgemeng misst een eng Kéier déi Iddi proposéieren, fir bei alle Schüler, déi hei am Land en Ofschloss maachen, no engem Joer eng Etüd ze maachen nom europäesche Referenzrume vun de Sproochkompetenzen, fir ze kucken, wou mer dann tatsächlech stinn. Et ass natierlech e gewëssene Risiko, wann een dat mécht, mee déi Iddi wär emol eng Kéier derwäert, iwwerluecht ze ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Keup.

Ech mengen, da kenne mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 4 kommen.

#### **Vote sur la motion 4**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 4 ass mat 4 Jo-Stëmme a 56 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten,*

*Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

#### **Motion 5**

Da komme mer zur Motioun Nummer 5, an där et och ëm d'Éducation précoce geet, déi schonn an der éischter Motioun zum Deel mat diskutéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zur Motioun Nummer 5 ergräifen?

*(Négation)*

Da kenne mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 5 kommen.

#### **Vote sur la motion 5**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 5 ass mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

#### **Motion 6**

Da komme mer zur Motioun Nummer 6, an där et ëm d'Alphabetisatioun an der franséischer Sprooch vum Cycle 1 bis zum Cycle 4 geet. Wëllt nach een d'Wuert dozou ergräifen? Den Här Claude Lamberty.

**M. Claude Lamberty (DP)** | Jo, merci, Här President. Ech verstinn, dass een dat anescht géif wëlle gesinn. Ech géif awer genausou soen: Mir hunn elo hei e Konzept, dat ausgeschafft gouf vum SCRIPT, dat och begleet gëtt vun der Uni.lu, soudass mer zu deem Zäitpunkt eigentlech där Saach och sollten emol eng Chance ginn, ier mer elo scho quasi soen, wat mer eigentlech nach wëllte maachen, well et kéint ee sech bestëmmt och elo nach fënnf aner Méiglechkeeten

ausdenken. Déi wäre bestëmmt och alle fënnf richtig. Mee ech géif soen: Zu deem Zäitpunkt hu mer elo eppes um Dësch leien. Wéi gesot ass dat vum SCRIPT ausgeschafft a gëtt vun der Uni.lu begleet. An ech géif där Saach eng Chance ginn. Dofir géif ech déi heite Motioun och ofleenen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Lamberty. D'Madamm Hansen als Auteur vun der Motioun huet d'Wuert.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Wann dat de Fall ass, da gesinn ech net an, firwat datt se net ka gestëmmt ginn, well am éischte Punkt gëtt gefrot „scientifiquement élaboré“. Wann dat de Fall ass, dann ass dat jo ok. An da gëtt am zweete Punkt gefrot, dass de Konzept, dee „scientifiquement élaboré“ ass, soll an der Chamber presentéiert ginn. Dat dierft jo dann och net de Problem sinn. A fir dat herno ze evaluéieren, géif ech mengen, dierft jo och net de Problem sinn.

Also verstinn ech wirklech elo net, firwat datt d'Majoritéit seet, mir sollten där Saach eng Chance ginn. Ech wëll hir jo net keng Chance ginn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hansen. Da kenne mer zum ... Nee, den Här Fred Keup freet nach d'Wuert.

**M. Fred Keup (ADR)** | Merci, Här President. Jo, ech verstinn eigentlech och net, wéi een elo hei géint déi awer harmlos Motioun ka sinn. Quitte dass mir souguer jo och géint déi franséisch Alphabetiséierung sinn, well mer dat net gutt fannen aus verschiddene Grënn – Trennung vun de Kanner, Cohésion sociale et cetera, ech ginn net drop an –, géife mer et awer gutt fannen, wann dat Ganzt géif duerno evaluéiert ginn an och, wéi hei steet, an dat ass ganz wichteg: „évaluer par une instance scientifique indépendante“. Et ass ganz wichteg, dass mer wëssenschaftlech Etüden a wëssenschaftlech Meenungen zouloossen, och wa se net eise Meenungen entsprechen!

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Keup. Da kenne mer elo zum Vott kommen iwwert d'Motioun Nummer 6.

#### **Vote sur la motion 6**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 6 ass mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Félix Eischen), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan*



Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

### Motion 7

Da kéime mer zur Motioun Nummer 7, an där et ëm déi verschidden Instrumenter betreffend d'Orientatioun geet. An den Här Educationminister freet direkt d'Wuert a kritt et och.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Jo, Här President, gradesou wéi eenzel Deputéierten huet et mech scho gewonnen, datt d'Partner vun der Berufsausbildung hei op de Wee gaange sinn, sech net kënnen op een Instrument an eng Method – Basic-Check oder Talent-Check – ze eenegen. Ech hu se à plusieurs reprises invitéiert, dach awer do d'Käpp beienenzestrecken a just eng Method ze proposéieren. Offensichtlech gëtt et och Grënn, firwat et net nëmmen eng soll sinn, mee datt an deem engen Zenario vläicht déi eng oder an deem aneren Zenario déi aner vläicht Avantagen huet vun der Methodologie, vun de Kompetenzen, déi ofgecheckt ginn a vum Reporting, deen da gemaach gëtt, hier.

Ech wëll awer hei och nach eng Kéier drun erënnere, datt mer zanter enger Rei vu Joren e Wee gaange sinn, datt mer d'Lyceeën encouragéiert hunn – méi wéi encouragéiert, mee se forcéiert hunn –, sech e lycéeseegent Konzept ze gi fir d'Orientatioun. Mir hunn eng Cellule d'orientation geschafen am Lycée, an där ënnerschiddlech Acteure vun der Schoul vertruede sinn, fir eng Strategie ze developpéieren, wéi fir déi Schoulpopulatioun da wierklech Orientatiounsaktivitéite kënnen gemaach ginn. Also hate mer eng Approche, dat wierklech vun ennen erop wuessen ze loossen. Duerfir stéiert mech hei e bëssen, datt mer elo vun uewen erof solle soen: „Et ass dat dote fir jiddereen an et däréif och nëmmen dat dote gebraucht ginn!“

Hei gëtt et Offeren. Déi eng ass vun der Chambre des Métiers a vun der Chambre des Salariés – elo leet mech net fest, dat wär dann den TalentCheck oder de Basic-Check – an déi aner vun der Chambre de Commerce. A wann d'Schoul der Meenung ass, déi eng géif bei hir Schoulpopulatioun besser passen oder déi aner oder vläicht se allen zwou – well et si fäerdeg Produiten, déi och aus dem Ausland jo iwwerhol goufen –, da mengen ech, gëtt et scho Grënn an da solle mer deene Leit, déi dat doten an de Schoulen decidéieren, vertrauen, datt se do déi richteg Decisioun huelen, a mir, déi awer relativ wäit ewech sinn, sollen hei elo net vun uewen erof soen: „Et muss dat dote sinn oder dat doten oder eppes ganz aneres!“

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Meisch. An da geet d'Wuert un d'Madamm Hansen als Auteur vun der Motioun.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo, ech wëll just preziséieren, datt ech hei net schreiwen, datt et misst deen een oder deen anere sinn, mee datt d'Schoule solle Moyenen zur Verfügung gestallt kréien, fir dat all Schüler kann dovunner profitéieren. Déi kaschte jo och eppes an ech fannen, datt de Ministère soll derfir suergen, datt wierklech all Schüler dat doten ofréiert kritt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. An da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Merci och dem Minister fir d'Erklärung. Ech selwer hu

mech och gewonnen, firwat et déi zwee gëtt, an ech hu mech dunn och e bësse schlau gemaach an et gëtt wuel Grënn, déi wäit doriwwer erausginn, wat een hei kéint an zwou Minutten elaboréieren.

Wat mech un der Motioun e bësse stéiert, ass den éischten Invite, nämlech datt eebe grad dra steet „à intégrer l'utilisation des outils d'orientation susmentionnés dans la procédure d'orientation“. Dat géif nämlech bedeuten, datt et eebe grad déi zwee sinn. Ech stéiere mech e bëssen drun, datt explizitt déi zwee genannt ginn. Ech ka mer virstellen, datt et vläicht och Schoule gëtt, déi aner Outile wëlte benotzen.

Wou ech awer absolutt mat der CSV d'accord sinn, ass, datt et soll staatlech finanzéiert ginn, wann et och an de staatleche Schoulen zum Asaz kënn. Deementsprechend hu mir ... wann déi dräi Invitten dra sinn, wäerte mer eis enthalten, bei deenen zwee, beim zweeten a beim drëtten Invite, si mer awer absolutt mat der CSV d'accord a géifen dat matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. An ech ginn d'Wuert zrëck un den Educationminister.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech wëll just do, Dir Dammen an Dir Hären, nach eng Kéier preziséieren, datt wann eng Schoul decidéiert, datt dat doten zum Asaz soll kommen, da mussen d'Fraisen natierlech och vun der Schoul iwwerhol ginn an da gëtt et an d'Dotatioun vun der Schoul erageholl. Mee dat ass e globale Package. Do ginn dann eenzel Poste finanzéiert an d'Schoul muss mat hire Moyenen da kucken, natierlech och do eens ze ginn. Mee ech denken, datt all Schoul, wa se dat dote wëll an hir Strategie vun der Orientatioun integréieren, och déi Moyenen huet an och vun eis zur Verfügung gestallt kritt, fir dat kënnen ze maachen.

Wou ech awer wierklech géif warne virdrun, well mer hei jo awer e bëssen tëscht den Zeilen och liesen, wat wierklech domadder gemengt ass, dat ass, elo ze soen: Mir integréieren dat doten an d'Orientatiounsprozedur a maachen, datt den Outcome dovunner quasi wierklech dann determinéiert, wat fir eng Orientatioun dann herno nach méiglech ass. Et ass just eng Guidance, déi do gi gëtt, mee d'Decisioun, wat et da wierklech un Orientatiounsméiglechkeete gëtt, a wat fir eng Filière oder wat fir eng Berufsausbildung een däréif erakommen, déi däréif natierlech dovunner net ageschränkt ginn. Et ass awer en Instrument, dat net vun eis entwéckelt ginn ass. Dat ass en Instrument, dat mer aus anere Länner iwwerhol hunn. Dat kann eng gutt zousätzlech, nützlich Informatioun sinn, mee awer net méi wéi dat, wann ech gelift.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Meisch. Da kënnen mer elo zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 7 kommen.

### Vote sur la motion 7

D'Ofstëmme fänkt un. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An des Motioun ass mat 27 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Vischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

## 3. Motion de Mme Martine Hansen relative à l'introduction d'une prime pour les apprentis sous le « régime concomitant »

*(Motion déposée en séance publique n° 50 du 28 avril 2022 – à consulter au compte rendu n° 17/2021–2022 en page 46)*

Mir kommen elo zur Motioun vun der Madamm Martine Hansen iwwert d'Aféiere vun enger Primm fir d'Léierbouwen an d'Léiermeedercher, déi sech ënnert dem Régime concomitant befannen. An ech géif d'Wuert un d'Madamm Martine Hansen ginn als Auteur vun dëser Motioun. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Jo, villmools merci, Här President. D'Präisdeierecht betrëfft jiddwereen, och d'Apprentien, an déi ware leider Gottes vergiess ginn.

De 26. Abrëll hunn ech duerfir eng Question urgente gestallt, well mer gesinn hunn, datt dat am Tripartite-Accord u sech net zur Diskussioun komm ass a well et awer, denken ech, och eis Verantwortung ass, datt een dorop hiweist, wann ee gesäit, datt eppes vergiess gëtt. D'Urgence war net ugehall gi vum Här President an da bleift fir eis soss bal keng aner Méiglechkeet.

Duerfir hunn ech dunn den 28. Abrëll hei eng Motioun erabruucht, fir d'Regierung eeben opzufuerderen, déi néideg Mesuren a Kraaft ze setzen, fir datt och d'Apprenti kéinten d'Präisdeierecht ausgeglach kréien.

Ben, d'Majoritéit huet deemools proposéiert, fir dat Gantz an d'Tripartite-Kommissioun ze huelen an ech war dunn u sech ganz positiv gestëmmt, well ech hu geduecht: „Ok, wann dat an d'Tripartite-Kommissioun kënn, da wäert jo jiddwereen driwwer diskutéiert hunn, da wäerte mer zu enger Léisung kommen!“ Dat ass dunn och de 5. Mee an d'Tripartite-Kommissioun komm. Et ass leider Gottes do awer net vill erauskomm, well am Endeffekt den Här Minister gesot huet, d'Sozialpartner hätten dat net gefrot. Mee och d'Sozialpartner kënnen eng Kéier an enger éischter Phas eppes vergiessen ze froen. An en huet awer gesot: „Ech sinn awer bereet, dat nach eng Kéier mat an de Regierungsrot ze huelen.“ Ech perséinlech hat geduecht, datt wann een an d'Kommissioun kënn, een dat schonn am Regierungsrot diskutéiert an eng Meenung huet, mee ech war awer d'accord, datt et dann nach eng Kéier sollt an de Regierungsrot

kommen. Mee elo si mer schonn ee Mount duerno an et ass awer nach näischt geschitt!

Ech mengen, den Här Minister huet mer elo d'Fro beäntwert, déi ech urgent gestallt hat, mee déi dann eng normal war, wou en eeben nach eng Kéier dat selwecht widderhëlt, datt d'Sozialpartner do näischt gefrot haten.

Ech wëll awer haut nach eng Kéier d'Fuerderung vun der CSV wierklech ganz kloer widderhuelen: D'Präisdeierecht betrëfft och d'Léierjongen an d'Léiermeedercher! Déi gi ganz dacks vergiess, well se eeben net déi Lobby hunn, an dat kann an eisen Aen definitiv net de Fall sinn! D'Sozialpartner hunn et awer an de Sitzunge vun der Tripartite ganz kloer gefrot. Ech hunn hei d'Presentatioun vun der Chambre des Métiers, déi nämlech huet, déi en extra Punkt do stoen huet – „la situation des apprentis n'a pas été prise en considération“ – an déi da verschidde Propositionne mécht, fir datt eeben och d'Apprenti kéinten eng Hëllef kréien. Dat heescht, dat Argument, datt d'Sozialpartner et vläicht eng Kéier vergiess hunn, stëmmt net, well d'Sozialpartner eis alleguer an der Kommissioun op dee Problem higewisen hunn.

An duerfir, wann näischt geschitt, dann ass dat awer definitiv erëm eng Kéier e Beweis, datt mer ganz vill net maachen, mee datt d'Regierung awer vill Sonndesrieden hält, och iwwert d'Handwierk – d'Handwierk wär wichteg, d'Beruffsausbildung wär wichteg –, awer wann et drëm geet, da maache mer näischt. Dat ass eppes, wat mer definitiv net kënnen akzeptéieren!

Fir d'CSV sinn, wéi gesot, d'Handwierk an och d'Beruffsausbildung wichteg an et kann net sinn, datt déi vergiess ginn! An duerfir, Här President, wëll ech hei nach eng Kéier d'Regierung opfuere, datt se déi néideg Mesuren a Kraaft setzt, fir datt och si d'Präisdeierecht, vun där se betraff sinn, kompenséiert kréien.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Hansen.

Den Här Gilles Baum huet d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Gilles Baum (DP)** | Merci fir d'Wuert, Här President. A merci, dass ech erëm eng Kéier d'Geleeënheet kréien, zu dëser Motioun hei Stellung ze huelen. Wéi d'Madamm Hansen et gesot huet, hate mer se effektiv an der Kommissioun. Den Här Minister huet och do dozou geschwat. Et geet also effektiv drëm ... dat, wat d'CSV seet, dat ass, dass eng Rei Léierjongen a Léiermeedercher op den Auto ugewisen a vun der Präisdeierecht betraff sinn. An da maache se natierlech och e bëssen de Verglach mam CEDIES, wou effektiv eng Enveloppe vun 10 Milliounen fräigestallt ginn ass, dat heescht, de CEDIES ass eropgeschrafft ginn. An da kënnt natierlech d'Fro, dass effektiv och d'Léierbouwen an d'Léiermeedercher an de Genoss vun enger Bähëllef komme sollen.

Et gëtt effektiv – d'Madamm Hansen huet et gesot – eng Äntwert vum Här Minister, an där en effektiv seet, dass éischtens emol déi aktuell Bähëllef, déi se kréien, indexéiert ass an dass natierlech och d'Kannergeld indexéiert ass. An et gëtt och nach eng Kéier drop verweisen, dass an extreeme Fäll oder an Härtefäll de CePAS zoustänneg ass.

De Kolleg Yves Cruchten an ech hunn eis de Mëtteg schlaun gemaach. Mir hunn e bëssen telefonéiert. Ech huelen un, dass den Här Cruchten och nach wäert e Wuert soen. Also am Tripartite-Accord ass dat heiten net festgehalen ginn, aus guddem Grond. An dee gudden Grond ass deen, deen ech de Mëtten erkläert

kritt hunn: dass déi Léierjongen a Léiermeedercher e Gehalt hunn, dass se och affiliéiert sinn iwwert de Centre commun de la sécurité sociale an dass se do duerch de Crédit d'impôt, dee mer am Gesetz 8000A hunn, zegutt hunn.

Dat heescht – den Här Cruchten huet mer d'Lounstruktur zoukomme gelooss –, ech ginn dovun aus, dass alleguerten déi Léierbouwen a Léiermeedercher déi 84 Euro Crédit d'impôt, steierfräi natierlech, Cash an d'Täsch wäerte kréien. Et schéngt da keen Oubli ze sinn am Kader vun den Tripartite-Verhandlungen, mee et ass effektiv esou, dass déi Jongen a Meedercher alleguerten ab dem ..., wann et dann elo op den 1. Juli erfält, déi 84 Euro de Mount netto cash an d'Täsch bäikréien.

Dir hutt effektiv geschriwwen, Madamm Hansen, „eisen Informatiounen no.“ Da kann ech Iech elo just dat soen, wat ech de Mëtteg gesot kritt hunn. Den Här Cruchten wäert vläicht och nach e Wuert soen. Also, et ass ganz kloer esou, dass déi Jongen, Léierjongen a Léierbouwen, dee Crédit d'impôt wäerte kréien, wa mer ... Pardon?

**Une voix** | Jongen a Meedercher.

**M. Gilles Baum (DP)** | D'Léierbouwen an d'Léiermeedercher, pardon, wäerten dee Crédit d'impôt kréien ab Juli, wa mer d'Gesetz hei gestëmmt hunn.

Ech soen Iech Merci a mir kënnen natierlech als DP-Fraktioun an deem dote Fall d'Motioun hei net matdroen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Baum. Dann huet den Här Fred Keup d'Wuert gefrot. Nee, nee, nee. D'Madamm Myriam Cecchetti hat sech nach ageschriwwen.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Jo, merci fir d'Explikatiounen. Ech muss soen, datt ech elo e bësse paff sinn, datt mer elo haut déi Äntwert kréien, obwuel mer eigentlech schonn an der Tripartite och déi Froe gestallt haten. Ech mengen, déi lescht Tripartite hate mir eng Rei Froe gestallt, woubäi ech nach eng Kéier hu missen nohaken, datt mir eng Äntwert dorobber wëilten. Mir hu bis elo nach keng Äntwert kritt an elo kréie mer dann haut déi Äntwert, zumindest emol wat d'Léierbouwen an d'Léiermeedercher ugeet, an do si mer natierlech immens frou. An da wär jo déi hei Motioun – fir Är Wieder dann ze huelen – superfetatoire.

**M. Gilles Baum (DP)** | Dat hunn ech ni gesot!

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Nee, ech soen dat awer elo. „Fir Är Wieder ze huelen“, hunn ech elo gesot.

*(Interruptions)*

Mir sinn da ganz frou, fir dat doten ze héieren, wann dat esou ass, an d'Léierbouwen an d'Léiermeedercher wäerte sech da freeën. Mee dann hoffe mer, datt mer awer och op déi aner Froen, déi mer deen Dag gestallt hunn, elo séier eng Äntwert wäerte kréien, well elo hutt Der jo schonn en Deel hei beäntwert. Ech thematiséieren dat elo net hei, well dat näischt mat deem heite Fall ze dinn huet.

**Une voix** | A!

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Mee et gëtt jo nach aner Leit, déi och an déi Dénge falen, wou se net onbedéngt dee Crédit d'impôt do kréien. Ech mengen, déi Chiffere wëlle mer awer nach wëssen. Wann dat Gesetz d'nächst Woch soll gestëmmt ginn, mengen ech, dierf een déi Leit awer net vergiessen. Da muss een do awer kucken, wat ee ka maachen. Dat ass eis awer ganz, ganz wichteg. Och wann dat

elo an de Gesprécher net gefrot gi wär, hunn awer déi Leit déi Deierecht ze droen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. An da ginn ech d'Wuert un den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Jo, merci, Här President, och wann ech elo net vill Neies ze soen hunn. Mee déi Informatiounen, déi ech hunn, decke sech och mat deenen, déi den Här Baum elo gesot huet. Also déi Indemnitéiten, déi an der Beruffsausbildung ausbezelt ginn, déi bedénge jo och, dass d'Leit eng Steuerkaart hunn. Déi variéieren natierlech, dat geet vu 500 Euro bis 1.200 Euro de Mount a fir d'Adulten ass et de Salaire social minimum. A selbstverständlech sinn do Cotisatiounen drop ze bezuelen. Bon, an deem heite Fall normalerweis keng Steieren, mee et huet een awer eng Steuerkaart an dann huet een och selbstverständlech deen heite Crédit d'impôt zegutt – dat ass op jidde Fall meng Liesaart vun där ganzer Saach – souwéi och dee Crédit d'impôt salarié, dee mer jo scho méi laang kennen.

Ech wëll vläicht soen, dass ech et net iwwerflësseg fannen, Madamm Cecchetti, dass mer heiriwwer schwätzen, well et ass eis alleguerten dru geleeën, dass mer kee vergiessen. Mir haten och an der Kommissioun, déi den Här Baum presidéiert, ëmmer probéiert, den Tour ze maachen an ze kucken, ob mer all méiglech Fäll ofgedeckt hunn, a probéiert, esou vill wéi méiglech Leit, déi ënnert der Präisdeierecht leiden, ze kompenséieren mat eise Bestriewungen, zum Beispill mam Gesetz 8000, dat mer an der Tripartite diskutéieren. Duerfir fannen ech dat heiten absolut net iwwerflësseg! Ech wëll gär soen, dass mer dat heiten och am A behale sollten. A falls sech dorunner iergendeppes sollt änneren, kënnen mer nach ëmmer an anere Kommissiounen weider doriwwer diskutéieren. Ech géif allerdéngs mengen, dass mer déi Motioun net sollte stëmmen, esou wéi se hei virläit.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Cruchten. An ech ginn d'Wuert zréck un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Martine Hansen.

**Mme Martine Hansen (CSV), auteure** | Jo, fir d'éischt wëll ech nach eng Kéier soen, datt ech et extreem traureg fannen, datt wann een esou eng Motioun an eng Kommissioun hält, d'Kommissioun dann null virbereet ass, fir engem dat do ze soen, well ech kann dat do elo net verifizéieren.

Dat Zweet ass, ech hunn et ...

**Une voix** | Très bien!

*(Interruption)*

**Mme Martine Hansen (CSV), auteure** | Ech hunn dat fir den Apprentissage awer net eleng esou gelies. Ech kenne vläicht net esou vill dovunner, mee d'Chambre des Métiers ass awer, mengen ech, eng Chamber, déi sech doranner auskennt, an déi schreift och: „[L]a situation des apprentis n'a pas été prise en considération.“ Déi schreift dat elo nach an där ..., wéi mer an der Tripartite-Kommissioun waren, hunn ech se jo nach gefrot.

*(Interruption)*

Dunn hunn ech si och ... et pour cause. Si hunn awer net gesot, dass se eppes bäikréien, esou wéi Dir dat elo erkläert hutt. Wann dat do de Fall ass, da verhénnert dat awer net, dës Motioun ze stëmmen, well mir froe just – dat war den 28. Abrëll –, fir déi néideg legislativ oder reglementaresch Schrëtt an d'Weeër ze leeden, fir datt se eppes kréien.



Also wäert ech awer dru festhalen, datt mer iwwert dës Motioun ofstëmmen, well et fir eis wichteg ass, datt et kloer ass. Wann dat do elo net de Fall ass, woubäi ech et net ka kontrolléieren, datt zumindest dann eppes aneschters gemaach gëtt, fir dass d'Léierjongen an d'Léiermeedercher hei net vergiess ginn an datt se eppes kréien. Also hale mir hei um Vott fest.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hansen. Ech mengen, da kënnen mer elo iwwert dës Motioun ofstëmmen.

#### **Vote sur la motion**

De Vott fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. Mir waarden nach op den ... De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Félix Eischen), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

#### **4. Interpellation de Mme Stéphanie Empain au sujet des perspectives du secteur touristique au Luxembourg face à la pandémie du Covid-19**

De leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass d'Interpellatioun vun der Madamm Stéphanie Empain iwwert d'Perspektive vum Tourismussecteur zu Lëtzebuerg am Kontext vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: den Här Félix Eischen, d'Madamm Carole Hartmann, d'Madamm Tess Burton, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain.

#### **Exposé**

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng), interpellatrice | Villmoos merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, dass mer haut

endlech, géif ech soen, dës Interpellatioun um Ordre du jour hunn. Ech hat déi den 2. Mäerz 2021 ugefrot. Zënterhier ass alt e bësselche Waasser de Bierg erof-gelaf.

Mir haten entre-temps och schonn déi eng oder déi aner Question élargie oder Froestonn, Question-parlementaire zum Thema. Ma haut hu mer dann d'Geleeënheet, eis och méi am Fong mam Tourismus-secteur ze beschäftegen. Dofir soen ech elo schonn, ier ech richtig ufänken, jidderengem Merci, deen haut d'Wuert wäert ergräifen, fir seng Vue a seng Iddien hei mat eranzebréngen.

Den Tourismussecteur ass oft verkannt an dach ass en en eminent wichtegt Standbee vun ...

*(Consultation interne de la présidence)*

Ech wëll de President net ënnerbriechen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Pardon, Madamm Empain. Et war meng Schold.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng), interpellatrice | Voilà. Den Tourismussecteur gëtt oft verkannt an dach ass en en eminent wichtegt Standbee vun eiser Economie. Weltwäit dréit den Tourismus – ech soen elo: an normalen Zäiten – zu ëm déi 10 % vum PIB bäi a schafft och eng vun zéng Aarbechtsplazen. Fir e puer vun den ärmste Regiounen op der Welt ass den Tourismus iwwerliewenswichtig. Fir Lëtzebuerg hunn ech folgend Zuel an der Publikatioun „Tourismus 2022“ (ndlr: „Tourisme 2022 – un cadre stratégique pour le développement du secteur“) aus dem Joer 2018 fonnt, an zwar dass d'Tourismusindustrie fir 6,5 % vum PIB zoustänneg war an iwwer 20.000 Leit eng Aarbechtsplaz hei zu Lëtzebuerg gebueden huet.

An engem méi rezente Sheet vum World Travel & Tourism Council hunn ech fir 2019 eng aner Zuel fonnt. Do ass vun 8,9 % vum PIB an 30.700 Aarbechtsplaze rieds, wat 11,3 % vun den Aarbechtsplaze géif bedeuten. Wou mer elo do genee mat deenen Zuele leien, kann ech elo net esou richtig aschätzen, mee d'Zuele soen eis awer, dass den Tourismus wierklech keen „nice to have“ ass, mee e Sektour, dee ganz vill Potenzial huet, deen Aarbechtsplaze schafft, an zwar qualifizierter an onqualifizierter gläichermoossen, an dee par la nature des choses och net kann delokalisiert ginn: D'Éislek wäert ëmmer am Éislek bleiwen an de Mëllerdall och ëmmer am Mëllerdall!

Den Tourismus ass awer net just ekonomesch Potenzial: Reesen, aner Plazen, aner Mënschen an aner Kulture kenneléieren, dat dréit och alles zu enger allgemenger Vëlkerverständnegung bäi an hëlleft eis, eisen Horizont ze erweideren an eis och mat anere Mënschen an hire Realitéiten ze befaassen.

An den Tourismus ze investéieren, bedeit awer och, an Infrastruktur, an eise Patrimoine, an eis Liewensqualitéit ze investéieren. Alles dat, wat eise Gäscht zegutt kënn, vun deem kënnen och mir als Awunner profitéieren. An hei setzt jo och déi nei Tourismusstrategie un, déi elo Enn Mee virgestallt ginn ass an déi ënnert dem Titel „Mënschen, Regiounen an Economie – de wäertorientéierten Tourismus als aktiven Dreier fir méi Liewens- an Openthaltsqualitéit“ steet. Hei steet och de Constat als Basis, dass och d'Awunner aus dem Land vun engem floréierenden Tourismus, vu gudder Infrastruktur, enger breeder kultureller Offer, dem Bewosstsinn fir d'Wichtigkeet vun eise Patrimoine, gutt ënnerhalene Wanderweeër et cetera profitéieren.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng), interpellatrice | Iergendwou ass dat natierlech och e Constat, dee sech

an der Pandemie 2020 an 2021 opgedrängt huet, well eis gutt national Offer engersäits dozou bäigedroen huet, dass mir eis trotz ferme Reesbeschränkungen awer verhältnisméisseg gutt hei op eisem klengen Territoire beschäftegt kritt hunn – Stéchwuert: Vakanz doheem, wou besonnesch d'Wander- an d'Vélosoffer immens beléift waren –, wou mer awer och anerersäits gesinn hunn, wéi wichteg déi national Demande war, fir eis Betriber awer och tant soit peu um Lafen ze halen.

An do si mer dann och beim Impakt vun der Pandemie op den Tourismussecteur an dee war natierlech enorm. Déi statistesch erfaassten Iwwernuechtungen sinn 2020 am Verglach mat 2019 ëm 46,8 % agebrach an och d'Depensé sur place pro Persoun, pro Dag sinn zréckgaangen. D'Restaurants, d'Hoteller, d'Campinge ware laang eidel an och eis Reesgesellschaften hunn immens gelidden, vu dass sämtlech Reesen hu missen annulléiert an deemno och rembourséiert oder reportéiert ginn.

An deem Sheet vum World Travel and Tourism Council gi se fir 2019 wéi gesot déi Zuel vun 30.700 Aarbechtsplazen un. Fir 2020 ëmmerhin nach 30.000. Fir e Sektour, dee mat am härteste vun der Pandemie getraff ginn ass, ass dat eigentlech nach erstaunlech, dass mir do wierklech den allgeréissten Deel vun de Leit am Emploi konnten halen. Dat ass och sécher den Aiden ze verdanken, déi iwwer all déi Méint en place waren, also d'Frais non couverts, d'Aide de relance, de Chômage partiel an natierlech och déi 50-Euro-Bongen.

Déi 220 Milliounen Euro un Aiden, déi zënter Ufank vun der Pandemie an den Horeca-Beräich investéiert gi sinn, hunn also hir Wierkung gewisen. Trotzdeem wollt ech den Här Minister froen, ob hien eis vläicht kéint eng Indicatioun ginn, wéi vill Horeca-Betriber pandemiebedéngt awer trotzdeem hu misste Faillite erklären.

Elo si mer natierlech am Joer 2022. De Constat haut ass also, dass Covid nach net ganz iwwerstanen ass, mee dass den Tourismus lues awer sécher erëm uleeft. A laut den Zuelen, déi mer Enn Abrëll an der Kommission virgestallt kritt hunn, hu mer och Grond zur Hoffnung. Nodeems, wéi gesot, 2020 alles extreem agebrach ass an 2021 weinst dem ganz ville Reen och am Campingsberäich quasi an d'Waasser gefall ass, gesi mer elo Zuelen, déi erëm steigen. De Businessberäich zitt och lues erëm un, op d'mannst wat méi kleng Geschichten ubelaangt, also Board Meetings, Expertentouren an esou weider. Entre-temps si mer also erëm op bal normalen Zuelen, ausser an deene Beräicher, alle virop der Gastronomie, déi duerch den Teletravail nach ganz staark impaktéiert sinn.

Déi grouss Fro, déi sech elo stellt, ass also déi iwwert de weidere Verlaf vun der Pandemie. Déi grouss Hoffnung ass, dass mer mat de weltwäiten Impfcampagnen an dem hoffentlechen Ausbleiwe vun neie Variante keng nei Réckschläi mussen astiechen.

Mee och am allerbeschte Fall kënnen mer, mengen ech, net vun engem komplette „business as usual“ oder Business wéi virduun ausgoen. Entre-temps hu sech nämlech och nei Reesmusteren entwéckelt. Den Tourismus de proximité wäert an Zukunft méi eng grouss Roll spillen, mee och den Teletravail, dee sech etabliert huet, huet weiderhin en Impakt op eis Restauratioun, woubäi dës, jee no Lokalisatioun, nach laang net um Niveau ass wéi virun der Pandemie.

Mee och soss sinn allgemeng nei Tendenzen erkennbar, op déi eis Betriber a mir eis insgesamt als Standuert mussen astellen, sief dat am MICE-Sektour (ndlr: MICE fir Meetings, Incentives, Conferences, Exhibitions), an deem sech awer während der Pandemie

gewisen huet, dass een net fir alles ëmmer wäit muss reesen, well vill Veranstaltungen och kënnen online oder hybrid ofgehalen ginn. Gréisser Events sinn haut nach am Hybrid an do geet den Trend och fir d'Zukunft sécher méi an déi Richtung.

An deem Kader hunn ech och wirklech mat Freed gelies, dass Luxembourg Congrès sech och staark Moyene gëtt, fir digital oder hybrid Veranstaltungen ze maachen, a sech dofir och den techneschen Equipment kaf huet, fir sécherzestellen, dass mir als Standuert mat deenen neie Gegebenheeten awer bestoe kënnen an do en Deel vun där Clientèle awer och kënnen fideliséieren.

Dat selwecht gëllt awer och op engem ganz aneren Niveau, wou mer och net op „business as usual“ wäerten zrëckkommen, nämlech dem Bewosstsinn, dass d'Nohaltegkeet och am Tourismus vill méi eng grouss Roll spillt an en Impakt op d'Reesverhale vun de Clienten huet. De Klimawandel gëtt ëmmer méi zu engem grousser Sujet an huet an deem Sënn och d'Bewosstsinn vun de Clienté fir den Impakt vun Reesen op eis Ëmwelt geschäerft. Bewosst reesen ass elo wirklech de Mot d'ordre ginn, deen ëmmer méi opkënnt, wat mer natierlech begrëssen. Effektiv ass et esou, dass den Undeel vum Tourismus un de weltwäiten Zäregasemissiounen an de leschte Joren och konstant weider gewuess ass. Tëschent knapp 4 a 6 % vun den CO<sub>2</sub>-Emissiounen gi verschiddene Berechnungen no op den Tourismus zrëck.

Deem géintwärt steet awer wéi gesot déi Prise de conscience bei de Clienten, dass eis Aart a Weis ze liewen an ze reesen en Impakt op vill Destinatiounen huet: de Footprint vum Fléien, verknaschte Stränn, Mieresspigel, déi steigen an déi domat och beléifte Reesiler bedroen, d'Korallestierwen, dat ganz Destinatiounen fir Taucher und oninteressant mécht. Ëmmer méi Leit sichen deemno no Méiglechkeeten, fir hire Footprint beim Reesen ze reduzéieren. An dëst huet natierlech och en Impakt op eis Reesveranstalter, déi hirersäits musse kucken, hir Programmer unzepassen an Offeren unzebidden, déi dem Besoin an den Attenté vum Client vun haut och gerecht ginn.

An iergendwou, mengen ech, ass de Secteur sech der Thematik och bewosst. Trotzdem muss een allgemeng feststellen, dass d'Tourismusindustrie sech awer nach an enger éischter zögerlecher Tëscheponitioun befënnt. Dass e Wandel muss stattfannen, schéngt sech iergendwou etabléiert ze hunn, nëmme de konkrete Wee dohinner ass nach net iwwerall esou kloer gezechent.

An dach wier et néideg, dass de Secteur e puer Schëppe bäileet, well en eeben den Ament mat zwou Krisen gläichzäiteg konfrontéiert ass, engersäits enger Pandemie, déi nach ganz iwwerstanden ass an un där en nach ëmmer iergendwéi knat, enger Pandemie, déi eebe wuel och Gewunnechten nohalteg beaflosst huet an Upassung vum Secteur fuerdert, anerersäits awer, wéi gesot, och dem Wonsch vun ëmmer méi Clienten no engem méi nohaltegen Tourismus, sief dat um Wee fir op d'Destinatioun oder och, wat d'Offer sur place ubelaangt. Esou gëtt ëmmer méi no Destinatiounen gesicht, déi mam Zuch erreechbar sinn oder wou een, wann ee mam Elektroauto fiert, och sécher eng gutt Luedinfrastruktur huet, d'Wichtigkeet vum Tourisme de proximité, vun Hebergementer, déi sech upassen, regionale Produiten, mat deene soll geschafft ginn, an esou weider, steigt och.

Alles an allem also wirklech näischt, dat elo onméiglech wier. Trotzdem erfuerdert dat alles Upassung vum Secteur, fir der Demande vun de Clienten an Zukunft besser gerecht ze ginn. An dës Tendenze sinn

och an der neier Tourismusstrategie opgegraff ginn, wat mer natierlech begrëssen. Do ass de Begrëff vun der Nohaltegkeet och an de Vierdergrond gestallt ginn, dëst am Sënn vun enger ekologescher, ekonomescher a sozialer Nohaltegkeet mat engem Fokus och op den Erhalt vum Patrimoine, wouriwwer mer jo och gëschter hei länger geschwat hunn.

Dës Approche ass u sech ganz luewenswäert, well se, wéi schonn ugeschwat, engersäits kloer ervirhieft, dass den Tourismussektor och e ganz positiven Impakt op d'Liewensqualitéit vun den Awunner huet. Anerersäits läit hir awer och d'Notioun vun der Tourismusakzeptanz zugronn, also dem Bewosstsinn, dass et och e Risiko gëtt, bei der lokaler Bevëlkerung fir Frust ze suergen, wann e Gefill vun ze vill Tourismus géif entsto. Bon, dat ass elo e Phänomeen, dat mer hei vläicht manner kennen, dat mer éischter kennen vu Destinatiounen, wou méi Drock op d'Infrastruktur an och op d'Natur ass, mee trotzdem besteet e Risiko, dass och hei Iwwerlaaschungerscheinungen kéinten optrieden, an dat sollt een net aus den Ae verléieren.

E klasescht Beispill heifir ass zum Beispill de Motorradtourismus, dee mat Momenter am Summer fir d'Residenten – ech soen elo emol – aus méi ländleche Gebidder ka relativ onangeneem ginn, well et grad a ländlechen, méi rouegen, beschaulenche Regiounen mat Momenter wirklech quasi onméiglech ass, eng schéi Plaz a Rou an ouni Kaméidi wouerzehuelen.

Deem géigenwärt steet awer de Constat, dass de Motorradtourist oft e ganz gudder Client ass, deen zwar am Géigesaz zum Vëlostourist e bësse méi Kaméidi mécht, deen awer genee wéi de Vëlostourist mat ganz weineg Gepäck reest an deemspriechend och vill sur place consomméiert. Bon, mat e bësse Chance wäert sech déi Problematik vum Kaméidi an Zukunft mam Opkomme vu méi Elektromotorrieder jo och vläicht léisen.

Allgemeng ass et einfach wichteg, dass de Secteur och ganz selbstebewosst op déi positiv Auswierkungen vum Tourismus hiweist, fir déi grad genannten Tourismusakzeptanz och ofzesécheren.

Wéi gesot leet déi nei Strategie och e grouss Wäert op d'Handlungsfeld „nohalteg Standuertqualitéit“ an der gesamter touristescher Dénkschleeschtungsketten. Dat geet vun der Beherbergungsinfrastruktur iwwer regional Wirtschaftskreesleef bis hin zur Mobilitéit.

Positiv an deem Kader ass, dass gläichzäiteg och d'Barriärefräiheet nach eemol explizitt ervirgehewe gëtt. An do ass et jo och elo net, wéi wa mer nach näischt hätten oder bei null géifen ufänken. Mam Label EureWelcome, deen déi Betriber auszechent, déi hir Infrastruktur deemspriechend adaptéiert hunn, dass se fir jiddereen notzbar ass, hu mer jo schonn en Ufank gemaach. Par contre ass awer de Constat, an dee gëtt och am Dokument net verstoppt, dass et zwar punktuell zertifizéiert Angebote gëtt, mee dass et awer nach vill Spott no uewe gëtt fir eng méi breet standardiséiert Offer, déi och aus der Siicht vum Client vill méi kloer erkennbar ass.

Dass mer hei nach emol extra Efforte musse maachen, dat ass net nëmme aus der Siicht vun der Inklusioun wichteg. Et ass och ganz einfach esou, dass, wa mer et net maachen, mer eis dann och d'Chance op eng ganz Partie Clienten huelen, déi eis domadder verluer ginn.

Wat d'Zilgruppen ubelaangt, sou ass dem Dokument ze entzuelen, dass mer eis do konsequent op déi sougenannten „Explorers“ setzen, awer och op Naturlibhaber, Short Breakers, Relaxation Seekers, wéi se genannt ginn, an d'Perfection Seekers. Op d'Thème

bezunn, géif dës Public cible sech haaptsächlech op d'Thème Vëlo a Wandere, Gastronomie a Wäin an de Kultur- a Gedenktourismus konzentréieren, also och alles, wat mer méi a Richtung Slow Tourism géifen definéieren.

Do war elo just meng Fro, wéi et mat der Zilgrupp vun de Familjen ausgesäit. Ech hunn déi manner an der Strategie erëmfondt. Déi schéngt mer elo net onbedéngt prioritär ugeschwat ze ginn. Dat ass natierlech och e Choix, deen ee ka maachen. Vläch hunn ech dat och iwwersinn. Mee grad fir de Campingsektor ass dat natierlech och eng Zilclientèle, déi awer relativ wichteg ass an déi mer, mengen ech, och net sollten an der Kommunikatioun an och an der Offergestaltung vergiessen.

Mir begrëssen op alle Fall den Usaz, fir quasi aus der Pandemie eraus dem Tourismussektor zu Lëtzebuerg och strateegesch en Neistart ze ginn, dat mat engem Dokument, dat – wéi een am Dokument liese kann – zesumme mam Secteur ausgeschafft ginn ass an och e grouss Wäert op quantitativ Date leet, wat natierlech herno och hëlleft, seng Strategie besser ze evaluéieren an eventuell Corrections de tir virzehuelen, falls dat dann néideg wier.

Et ass wichteg, dass mer eis elo erëm konsequent dem méi breede Kader kënnen widmen, eis strateegesch gutt opstellen, wat jo heimadder och soll fir déi kommend Jore gemaach ginn, an dass mer net méi eebe just am Krisemodus vun der Pandemie fonctionnéieren, an deem de Ministère och vill an de Rôle vun engem, ech soen elo mol, Mini-Event-Veranstalter geschlupft ass, fir ze hëllefen, dës Kris am Land a fir de Secteur mat ofzefiedere.

Méi allgemeng betruecht, huet Lëtzebuerg natierlech nach ëmmer eng Partie Stärken, op deene mer kënnen a musse opbauen. Mir hunn nieft der Haaptstad, déi awer nach ëmmer eis Haaptporte d'entrée ass, mam Mëllerdall, dem Éislek, der Musel, dem Süde mat den Terres Rouges an dem Guttland fënneg Regiounen mat och fënneg gutt fonctionnéierenden Offices régionaux du tourisme, déi eng ganz divers Offer ubidden an déi op engem ganz klengen Territoire eng ganz ënnerschiddlech Offer ubidden, wat eigentlech fir eis als Land e ganz grouss Plus ass. Duerfir ass et wichteg, dass mer déi regional Acteuren, also och d'ORTen, weiderhi stäerken, fir dass si weider mat den Acteuren um Terrain kënnen un eiser Offer schaffen. Ënnert dem Stréch geet et jo drëm, eis Clienten ze begeeschteren, se méi laang bei eis ze halen a se natierlech och ze incitéieren, nach eemol erëmzekommen, well se eventuell net alles gesinn hunn, wat d'Land a senger ganzer Diversitéit ze bidden huet.

Bon, ech wäert elo net op allegueren d'Produiten agoen, déi am Laf vun de leschte Jore vun den ORTen ausgeschafft gi sinn, dat och mat der tatkräfterger Ënnerstützung vun den Naturparken. Et sinn eng ganz Partie Projeten, mee fir elo awer e puer rezent Beispiller ze nennen, wollt ech awer op déi ganz grouss Efforten agoen, déi zum Beispill ënnerholl gi sinn, fir dass den Naturpark Mëllerdall kann de Label Geopark kréien. Dat sinn immens wichteg Initiativen, well mat esou enger internationaler Unerkennung gëtt d'Notoriétéit vun der Regioun vill méi grouss an et kënnen och vill méi einfach méi potenziell Visiteuren erreecht ginn.

Och déi vill Aarbecht, déi am Éislek investéiert ginn ass, fir aus der ganzer Regioun eng Qualitéitswanderregioun ze maachen, dréit dozou bäi, dass méi Clienté kënnen ugeschwat ginn, dass de Vëcu vun de Clienté sur place ganz, ganz positiv ass an dass all Visiteur, deen emol bis bei eis war, och zum Ambassadeur fir eis Regiounen a fir eist Land ka ginn.



Mee och eis Awunner kënnen gutt Ambassadeure fir eis Destinatioun sinn, an déi kënnen nach roueg iwwert de positiven Impakt, deen hiet Verhalen op eis Gäscht kann hunn, méi sensibiliséiert ginn. Ech soen elo mol: sech opzereegen an ze tuten, wann en Hollänner mat der Karawann net séier genuch aus de Féiss kënnt, ass et wichteg, dass de en de Kontakt mat de Leit sicht, déi kommen, sech austauscht, wa sech Méiglechkeete bidden, Tipps gëtt, hëlleft an esou weider. Alles dat dréit och zu engem authentischen Erlebens bái, dat mer eise Visiteure wëllen zeguttkomme loosse. Wat mir selwer eist Land an eise Patrimoine besser kennen, wat mer e méi schätzen an och méi respektéieren, wat mer automatesch och méi fir den Tourismus maachen an zu engem allgemenge positive Bild vun eiser Destinatioun bäidroen.

Mir hunn awer och eng Partie Erausforderungen, déi mer mussen ugoen, och en vue vun der Ëmsetzung vun der neier Strategie. Wéi gesot, am Beräich vun der Barrièrefreiheit, do ass nach Sputt no uewen. Ech denken do awer zum Beispill och un de Benevolat. Bon, et ass schonn eng Zäitchen hier, dass ech am Tourismus geschafft hunn, mee eng Diskussioun, déi mer laang haten – grad och, wou mer vu Lëtzebuerg als Wanderdestinatioun schwätzen –, ass déi, dass dat dann och heescht, dass déi Wanderweeër, déi mer do hunn, wierklech an engem impeccablen Zustand mussen sinn a ganz reegelméisseg mussen ënnerhale ginn. Klärescherweis ass déi Aufgab ëmmer de Syndicats d'initiative zoukomm, also dem Benevolat, déi dës Tache dann awer och mat Hëllef vun den Ekippen am Ministère iwwerholl hunn.

Wéi gesot, déi Fro huet eis laang Jore beschäftegt a well et fir de Benevolat ëmmer méi schwéier ginn ass, dësere Aufgab gerecht ze ginn, wollt ech froen – grad och, well ech am Dokument vun der neier Strategie gelies hunn, dass den Ënnerhalt vun de Weeër elo garantéiert wier –, ob do entre-temps eng méi nohalteg Léisung fonnt konnt ginn, ob dat dann elo majoritairement iwwert de Ministère ofgedeckt gëtt. Voilà.

Eng weider Erausforderung ass awer och de grouse Personalmangel, op deen allgemeng ganz oft higewise gëtt, de Personalmangel am Tourismussektor. Et ass effektiv en Job, dee ganz vill Engagement erfuerdert, dee ganz vill onreegelméisseg Aarbechtszäiten huet, eng Remuneration, déi och net ëmmer ganz interessant ass. An et ass oft schwéier, eng gutt Ekippe opzebauen, d'Leit ze behalen, och well et schwéier ass, jonk Leit, Elteren ze fideliséieren. Famill an Tourismus ass nun emol eng Kombinatioun, déi net ëmmer ganz einfach ënner en Hutt ze kréien ass.

Grad och beim qualifizéierte Personal ass et net einfach, dës iwwer e längeren Zäitraum bei der Staatsgalt ze halen. Mir bilden zwar u sech relativ gutt aus, allerdéngs hunn ech mer soe gelooss, dass vill vun deenen Absolventen no fénnef Joer net méi am Beruf schaffen, och well et eeben net ëmmer einfach ass, déi richteg Work-Life-Balance an deem Job ze fannen.

An den Tourismus steet natierlech net eleng do. En ënnerläit do enger méi allgemenger Tendenz. Trotzdeem ass et mengen ech, wichteg, dass mer dës net aus den Ae verléieren, well eng qualitativ héichwäerteg Offer, déi de sougenannte Perfection Seekers jo och gerecht muss ginn, ass nun emol och op dat richteg Personal ugewisen.

Fir de Campingsberäich ass et och de Constat, dass en zwar zum Deel gutt duerch d'Pandemie komm ass, notament well vill Clienten, déi aus Däitschland komm sinn, well do alles zou war, Lëtzebuerg elo als Destinatioun entdeckt hunn an elo och gären zréckkommen. Trotzdeem ass et e Sektuer, deen och méi allgemeng staark am Wandel ass an deen, wéi de

Rescht vum Sektuer, och staark ënnert dem Personalmangel leit.

De Campingssektuer werft och e relativ kritesche Bléck op esou nei Trends vu grouse Gruppen, déi vermeert ënnerwee sinn, fir Campinger opzekafen. Et wäert also an Zukunft méi a Richtung vu méi grouse Strukturen goen, déi Campinger geréieren. Do geet dat Familiäert dann allerdéngs e bësselche verluer, an ech setzen dat Familiäert awer och iergendwou da gläich mat dem Authentischen, dat mer an eiser Strategie och als Zil definéiert hunn. Deementspriedend stellt sech och fir mech d'Fro, wéi d'Zukunft vum Campingssektuer wäert ausse.

A Frankräich si schonn iwwer 40 % vun de Campinger an den Hänn vun esou grössere Gruppen. Déi maachen och mat hirer Offer iwwer 60 % vum Chiffre d'affaires aus. Mir hunn där elo dräi hei am Land an et kommen der bestëmmt och nach no. An domadder ännert sech natierlech och e bësselchen d'Ausrichtung, ewech vum kläsesche Camping, hin zu méi Locatioun. An ech wëll dat elo net onbedéngt bewäerten. Dat ass elo emol just eng Entwécklung, déi ee beobachte kann, mee se bréngt natierlech och aner Clienten an ech mengen, dass et do net onwichtig ass, dës Tendenzen iergendwou och a Relatioun ze setze mat eiser Strategie, déi elo ausgeschafft ginn ass. Dës fir sécherstellen, dass eis Offer, déi mer hunn, och en ligne ass mat den internationalen Trends an och der Kommunikatioun vis-à-vis vun eiser Zilclientèle, esou wéi se elo definéiert ginn ass.

Eng weider Fro, déi sporadesch och ëmmer erëm opkënn, ass déi vun der Taxe de séjour. Do hunn ech entre-temps e bëssen den Iwwerbléck verluer, wéi eng Gemeenge schonn esou eng Tax agefouert hunn a wou d'Diskussioun elo genau drun ass. Fakt ass awer, dass et e ganz hëtzig diskutéierte Sujet ass, woubäi grad och de Privatsektuer sech staark dergéint wiert. An dës, esou hunn ech et emol matkritt, à tel point, dass déi finanziell Participatioun och vun der Chambre de Commerce an der Horesca mam ORT Mëllerdall zum Beispill a Fro gestallt ass, an dës – esou hunn ech et emol matkritt – à tel point, dass déi finanziell Participatioun vun der Chambre de Commerce an der Horesca um ORT Mëllerdall zum Beispill a Fro gestallt ass, well dës de Wee fir esou eng Tax a senge Membersgemengen opgemaach huet.

Bon, de Sektuer féiert do un, dass dat eng Tax ass, déi am Fong geholl géint de Sektuer geriicht ass, déi d'Präisser vun der Offer an d'Luucht dreift, ouni dass een elo genee wéisst, wouranner déi Gelder, déi do erhuewe ginn, herno och erëm fléissen. D'Angscht, déi besteet, ass, dass immensen Opwand verbonnen ass, fir eng Tax ze erhiewen, déi herno net forcement dem Tourismus muss zeguttkommen a schlëmmstefalls och derfir kéint genotzt ginn, fir ganz aner Lächer ze stopen.

Ech si mer elo bewusst, dass dat och am Beräich vun der Gemengenautonomie ass. Ech wollt Iech awer froen, Här Minister, ob Der eis kéint e klengen Update ginn, wou dës Diskussiounen national dru sinn, ob sech do entre-temps eventuell och e Konsens an iergendeng Richtung erausschiet oder net.

Eng weider Erausforderung, déi eis natierlech och um Häerz läit – déi ech och schonn ugeschwat hunn –, dat ass eeben déi vun der nohalteger Ausrichtung vum Tourismus zu Lëtzebuerg. Ech hat déi Fro vun der nohalteger Ausrichtung schonn eng Kéier am Juli 2020 an enger Question parlementaire gestallt an deemools hat Dir, Här Minister, och zu Recht an Ärer Äntwert drop higewisen, dass schonn eng Partie Initiative geholl gi sinn, fir Lëtzebuerg och als nohalteg Reesdestinatioun ze positionéieren.

Notament an de Beräicher Wandere, Vëlo, Slow Tourism an esou weider hu mer immens vill ze bidden an dës si jo och kloer Prioritéiten, déi elo nach eng Kéier definéiert gi sinn.

Jo, eng Partie Acteuren hunn och den EcoLabel, mee wéi aus Ärem Rapport vun 2021 ervirgeet, ass dat effektiv just ee Betrib op zéng, deen deen EcoLabel do huet. Do ass also nach immense Sputt no uewen an ech mengen, do ass ganz einfach och Sputt no uewen an der Prise de conscience, wéi wichteg et ass, och vis-à-vis vum potenzielle Client, dass een heimadder punkte kann.

En fin de compte geet et jo och drëms, dass mer och – ech soen elo emol – abseits vum Slow Tourism, abseits vum Wander- a vum Vëlostourismus an ofgesinn och vum Fait, dass mer eis méi staark als Destination de proximité wëlle vermaarten, allgemeng am Land eng breet Offer hunn, an där gréng Initiative kloer erkennbar sinn an eeben och als Standard etabléiert kënnen ginn, fir dass Lëtzebuerg net just um Pabeier als nohalteg Destinatioun presentéiert gëtt, mee dass se och um Terrain fir de Client gräifbar an erliebar gemaach gëtt.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng), interpellatrice | Ech liesen do zum Beispill och an Ärem Rapport vun 2021 vum engem Label, dee sech „Green Venue“ nennt. Do ass rieds vun der „application des normes pour l'obtention d'un label « green venue ».“ Ech hunn e bësselchen dozou gesicht. Ech hunn näischt méi Prezises dozou fonnt. Vläch hutt Der do Informatiounen, wat et genee domat op sech huet? Existéiert dee schonn? Ass deen a Planung? Wat sinn do d'Krittären, fir deen ze kréien? An esou weider.

Allgemeng liesen ech och an der neier Strategie zum Thema Nohaltegkeet, dass et fir eng nohalteg touristesche Entwécklung en éischter punktuell Bewusstsein duerch eenzel Acteure géif ginn, eventuell och mat regionale Schwéierpunkten, mee dass et bis elo nach eng ganzheetlech Strategie gëtt, dass awer mat Bléck op déi gesellschaftlech Entwécklungen hei Nohuelbedarf besteet am Hibleck op déi sozial, ekonomesch an ekologesch Nohaltegkeet, mee och am Hibleck op den Erhalt an d'Opwärtung vum kulturellen Ierwen.

Bon, de Constat als solche kann eis elo net onbedéngt frou stëmmen. Ech fannen et awer immens positiv, dass dës Constat am Rapport esou opgegraff ginn ass, fir dass dann och aktiv un deenen néidege Schrauwe ka gedréit ginn. Et ass och einfach wichteg, dass déi ganz Branche, international wéi national, Verantwortung iwwerhëlt an och mat der gesellschaftlecher Entwécklung matzitt. Net zu Onrecht steet an deem Dokument och, dass eng nohalteg Offer och aus Gastesicht zum Must-have-Krittär ginn ass an domadder eis Efforten an deem Beräich och maassgeblech eis Zukunftsfäegkeet definéiere wäerten.

Wéi dat sech allerdéngs konkret um Terrain wäert deklinéieren, dat geet elo net direkt aus der Strategie ervir. Mir sinn eis awer eens, dass mer do net just um Niveau vum Tourismus kënnen usetzen. Dat ass en Ensembl vu Mesuren, deen herno mécht, dass Lëtzebuerg duerch d'Bänk als nohalteg Destinatioun erliebar ass. Ech denken do zum Beispill un déi rezent Offallgesetzgebung. Dat huet zwar iwwerhaapt näischt mam Tourismus ze dinn, mee do hu mer Lëtzebuerg awer op d'Schinn gestallt a Richtung vun enger reeller Null-Offall-Wirtschaft an enger reeller Économie circulaire. Och dës Mesurë sinn am Endeffekt Nation Branding, well een net just um Pabeier gutt Intentiounen iergendwou definéiert, mee se an der Realitéit och a Musek ëmsetzt a fir de Client erliebar mécht.

Och dat neit Patrimoinengesetz ass e Meilenstein fir den Erhalt vun eisem Patrimoine a kënn net zulescht och eis als Destinatioun enorm zegutt. Beispiller vun Initiative wéi déi vun der Thillenvogtei zu Randschelt oder der Rackémillen am Kiischpelt – et deet mer elo leed, dass ech der just aus dem Norden opzielen, mee dat sinn déi, déi ech gutt kennen –, déi elo rezent a Stand gesat gi sinn, weisen och, dass et vill lokal Initiative ginn, déi mat oder och ouni Hëllef vum Staat gewëllt sinn, dee Patrimoine héichzehalen an eeben a Stand ze setzen.

An deem Kader géif ech och den ugekënnegte Projet pilote zitieren, deem no der Petitioun iwwert d'Krunnewaasser an der Gastronomie ugekënnegt ginn ass. Dat fällt iergendwou och an dee ganze Gedanke vun enger gudder Qualitéit vum Drénkwaasser, dat mer hunn. Et ass lokal, et ass verpackungsarm an esou weider. Och dat wär erlieffbar um Terrain. An hei wollt ech Iech, Här Minister, froen, ob Der eis iergendwéi kéint en Unhaltspunkt ginn, wou dee Projet entre-temps drun ass.

Fir dann awer nach eemol op de Constat zréckzekommen, dass am Beräich Nohaltegkeet nach Nohuelbedarf besteet, hunn ech mer méi allgemeng d'Fro gestallt, wéi eng Moyene mer eis ginn, fir dass mer dee Retard schnell kënnen ophuelen. Iergendwou geet et jo dann och drëm, de Secteur ze begleeden, Best Practices an d'Vitriinn ze stellen, vläicht och Incentives ze schafen, fir dass dee Wandel méi schnell ka virugedriwwen ginn.

An do sinn ech da beim Plan quinquennal, dee jo elo fir déi kommend Period och deemnächst wäert deposiert ginn. Ech gi jo och dovunner aus, dass mer en an der Chamber eng Kéier wäerten diskutieren. An deem Sënn wollt ech froen, ob den neie Plan quinquennal – ech mengen, Dir gitt elo do net groussaarteg an den Detail, mir wäerten dat zu engem spéideren Zäitpunkt maachen –, ... mee ob Der eis vläicht schonn Indicatione kéint gi par rapport zum jetzege Plan quinquennal, deem do ass, ob do vläicht méi e staarken Akzent op déi nohalteg Entwécklung geluecht gëtt an eventuell och Subsidien u verschidde Krittäre gekoppelt ginn, déi da mussen agehale ginn, fir kënnen vu Subsidien ze profitieren, respektiv: Wéi ass allgemeng séchergestallt ginn, dass déi Investissementer, déi mer do kofinanzieren, herno och en ligne si mat eiser allgemenger Strategie?

Vläicht kënn Der eis haut schonn e ganz klengen éischte Bilan maache vum aktuelle Plan quinquennal respektiv eis eng Iddi ginn, op wéi eng Héicht den neie Plang sech wäert belafen a wéi vill Projeten fir den neie Plang nom Appel à projet och eragereecht gi sinn.

Ech hätt an deem Kader awer nach eng lescht Fro iwwert d'Eligibilitéit vu Projeten am Kader vum Plan quinquennal. An zwar hunn ech do eng konkreet Fro zum Projet zu Wäiswampech um Séi, dee jo 2018 an Aussicht gestallt kritt huet, dass 10 % vun de Käschten, also ronn 5 Milliounen, do kéinte kofinanzéiert ginn.

Bon, ech wëll elo net déi ganz Diskussioun ronderëm dee Projet do opmaachen, bei deem sech effektiv eng Partie Froe stellt, mee d'Fro, déi sech mir elo am Kader vum Plan quinquennal stellt, ass déi, ob dat Konzept vun deem Promoteur, esou wéi et entre-temps och erkennbar ginn ass, an där Form iwwerhaupt eligibel ass fir e Kofinanzement. Well hei ass et esou, dass et sech net ëm – ech soen emol – e klassesch touristesch Etablissement oder Konzept handelt, sondern ëm eppes, wat si als „investissement hôtelier“ bezeichnen. Dat heescht, do ginn Zëmmere verkaf, den Acquéreur kann esou an eng

Kummer investieren, huet en contrepartie herno och steierlech Virdeeler an e kritt herno och eppes derbäi eraus, jee no globaler Occupatioun vum gesamten Hotel. En gros gëtt also gebaut, zum Deel eventuell mat Hëllef vum Staat. Dës Zëmmere ginn dann integral verkaf – woumat de Präis vum Bau jo scho quasi gedeckt ass – an duerno eréischt gëtt dat als touristesch Offer u Clienten verlount.

Ech stellen dat elo mol esou an de Raum a wollt, wéi gesot, do nofroen, wéi esou e Konzept am Kader vum Plan quinquennal dann iergendwéi ze behandeln ass, well dat eng Fro ass, déi och ëmmer u mech adresséiert gëtt an déi ech an där Form net ka beäntweren.

Ech wollt dann awer nach, ier ech elo zur Konklusioun kommen, op de Punkt vun der Zesummenaarbecht tëscht den Acteuren um Terrain agoen. Och heizou prononcéiert sech déi national Strategie a seet, dass mer do mussen de konstruktiven Austausch sichen. Dat schéngt mer och en immens wichtege Punkt ze sinn, deem ech – an ech hu jo e puer Joer am ORT geschafft – wierklech nach eng Kéier wëllt zum Schluss würdegen.

Eis touristesch Strukturen hunn am Laf vun de leschte 15 Joer e risege Wandel duerchgemaach, notament mat der Schafung vun den ORTen, dem Switch vum ONT hin zum LFT an esou weider. Do ass et natierlech kloer, dass sech am Ufank net alles esou zesummenfënnt an dass et och kritesch begleet gëtt, mee déi Strukturen hu sech awer entre-temps wierklech fest etabléiert, se gi professionell geréiert a se beweisen, firwat se am Alldag do sinn.

An do kommen ech awer elo net derlaanscht, nach eng Kéier nozefroen, wat elo dee Pilotprojet vum ORT Éislek ubelaangt, fir d'Ressources humaines an den LFT ze integréieren. Dozou hate mer jo elo rezent eng Fro vum Här Bauler. Do ginn et jo manifestement Retizenze bei deene véier aneren ORTen, déi sech kloer géint dës Demarche ausgeschwat hunn.

Ech weess elo net, ob et e Mangel un Informatioun war oder d'Kommunikatioun, déi net geklappt huet, weinst deenen do verschidden Onsécherheeten net konnten aus de Féiss geraumt ginn. Dir hat jo daitlech gemaach, dass et virun allem och drëm geet, Synergien ze schafen, dass et och drëm geet, dass hire gesamte Budget kéint a Projete fléissen an esou weider. Bon, wat d'Synergien ubelaangt, do rennt Dir bei mir oppen Dieren an. Ech fannen et ëmmer gutt, wann een zesummeschafft an net jiddereen a sengem Eck. Mee wat de Finanzement ubelaangt, do ass et natierlech en Avantage, wann ee méi Sue fir Projeten huet, dat ass kloer.

*(Interruption par la présidence)*

Ech soe mer allerdéngs och, wann d'Suen do sinn – se kommen ëmmer aus deem selwechte Pott, ob ee se elo do gëtt oder do –, hätt ee se eigentlech och dem ORT direkt esou zur Verfügung stelle kënnen. Vläicht hätt Der do nach e puer Informatiounen, firwat et iwwert dee Wee leeft an net iwwer en aneren.

Voilà. Ech kommen dann zur Konklusioun. Wéi ech versicht hunn opzeweisen: Tourismus ass e ganz wichtege Standuertfacteur fir eis Economie, huet ganz vill Potenzial. Mir hunn nach eng Rëtsch Erausforderunge virun eis, mee mir sinn, wéi ech fannen, wierklech um richtege Wee, woubäi et elo drop ukënn, ass, dass et net bei gedëllegem Pabeier bleift, mee dass déi Chantieren, déi sech erausgeschielt hunn, och konsequent ugaange ginn. An Zesummenaarbecht mam ganze Secteur, am Dialog mat den Acteuren um Terrain, mussen déi néideg Impulser gesat ginn. Du brauchts Formatiounen, Netzwierkdenken, motivéiert Personal, Leit, déi sech vertrauen, déi un

engem Strang zéien. A wa mer wierklech wëlle Lëtzebuerg als nohalteg Destinatioun etabléieren, da mussen mer deen Challenge gemeinsam ugoen an och déi néideg Ureizer schafen, fir dass jiddereen do matzitt.

*(Interruption par la présidence)*

Ech mengen, wa mer dat hikréien, dann hu mer e grouse Schratt gemaach, fir eis den zukünftegen Erausforderunge vum Secteur ze stellen.

An domadder soen ech Iech villmools Merci an entschëllege mech fir d'Iwwerzéien.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Mادم Empain.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Félix Eischen ageschriwwen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Félix Eischen (CSV) |** Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ouni Zweifel war d'Covidkris eng vun de schwéierste Krisen fir vill Leit an och fir eis Allgemengheet an de leschte Joren. Gottseidank hu mer elo – esou hoffe mer emol – dat Schlimmst hanerun eis, woubäi mer net sollte vergiessen, datt de Virus nach ëmmer do ass an datt nach kee weess, wat am Hierscht op eis wäert duerkommen. Mee loosse mer mol dat Allerbescht hoffen!

Wat awer elo scho kloer ass: D'Covidkris war eng ganz villschichteg Kris, eng multidimensional Kris an och eng, déi grouss Deeler vun eiser Wirtschaft betraff huet, vun eisem Zesummeliwwen, vun eise Gewunnechten an och vun eisem Alldag. An d'Covidkris war och eng Kris vun eisem Tourismus an domadder och vum touristesche Secteur bei eis zu Lëtzebuerg.

Dofir wëllt ech direkt am Ufank der Kolleegin Stéphanie Empain e grouse Merci soe fir dës Interpellatioun, dass Der dat ugefrot hutt. De Sujet ass wichtege an aktuell zugläich a verdéngt et, hei an der Chamber grëndlech behandelt ze ginn.

Wéi scho gesot, den Zäitpunkt ass gutt gewielt. Mir mussen elo zesummen d'Kris vum Tourismus op en Enn féieren an aus der Kris eng Chance maache fir en Neufank fir den Tourismus bei eis zu Lëtzebuerg. Dat ass ganz wichtege. Datt ass mir wichtege an och dem Kolleeg Max Hengel wichtege, fir deen ech haut de Mëtteg hei asprangen an deen ech vun dëser Plaz ganz hærzlech grëssen an him vun Häerzen eng gutt Besserung wënschen. Max, Du méchs dat!

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Félix Eischen (CSV) |** Här President, eppes huet de Covid net kënnen infizéieren an dat ass eis Loscht fir ze reesen. Grad mir Lëtzebuerger maachen dat jo gären an ech hoffen, an Zukunft och ëmmer méi dacks bei eis am Land selwer, well och den Tourismus heiheim an an der Groussregioun huet eng nei Chance verdéngt.

**Une voix | Très bien!**

**M. Félix Eischen (CSV) |** A mir Lëtzebuerger sollte selwer mam gudden Beispill virausgoen, fir an eisem Land den Tourismus erëm frësch ze lancéieren. Dës Perspektiv soll een op jidde Fall net ënnerschätzen, grad och well vill Lëtzebuerger während der Pandemie hiert Land a seng vill Regiounen nei entdeckt hunn.

Mee och vill aner Leit, vill Netlëtzebuerger vun no a vu méi wäit, hunn eist Land nei entdeckt. Esou ass 2022 d'Zuel vun den Onlinerecherchen iwwer Lëtzebuerg ganz kloer an d'Luucht gaangen. Grad bei franséischen a belschen, mee och bei den hollänneschen an däitschen Touristen ass eist Land ganz kloer méi beléift ginn an dat mécht eis Freed. Och dat ass jo en



Trend, nämlech dee vum Proximitéits-tourismus, deen och eendeiteg muss an eng global Zukunftsstrategie fir eisen Tourismussektor afléissen.

Virewech vläicht nach eng kleng Bestandsopnam vum Tourismus, well éier ee Perspektive kann opweisen, muss ee fir d'éischt emol vum Istzustand ausgehen. An domadder wier ech dann och matzen an eiser Wirtschaft ukomm, déi och deelweis ganz staark ënnert dem Coronavirus gelidden huet – d'Madamm Empain ass virdrun och dorobber agaangen –, an den Tourismus ass effektiv jo e ganz wichtegt Standbeen, e ganz wichtege Pilier vun eiser Ekonomie.

*(M. Marc Spautz prend la présidence.)*

Dëse Pilier mécht, esou zumindest emol virun der Pandemie, méi wéi 8 % vun eisem Bruttoinlandsprodukt aus an dat ass net näischt. Wichteg sinn déi méi wéi 30.000 Aarbechtsplazen, déi direkt oder indirekt mam Tourismussektor verbonne sinn. Nach eng Kéier: Dat sinn Zuele vum World Travel & Tourism Council vu virun der Pandemie. An hei muss mer och erëm zréck, wann net esouguer doriwwer eraus an ech sinn iwwerzeegt, dass mer dat och zesumme packen.

**Une voix | Très bien!**

**M. Félix Eischen (CSV) |** Nach gehéiert awer zu enger éierlecher Analys, datt et och bei eis zu Lëtzebuerg den Tourismussektor ganz schwéier getraff huet, an dat trotz de sëllege staatlechen Hëllef, wéi d'Madamm Empain dat jo och an hirer Demande schreift, déi mir als CSV jo och ëmmer matgedroen hunn.

Jo, fir de Sektour war d'Tourismuskris eng Tourimuskatastroph, grad och, well hei dacks keen Teletravail méiglech war an och de Confinement an d'Reeschränkungen de Sektour ganz schwéier getraff hunn. Mee och den Angschtfactor soll een net ënnerschätzen, well wann een Angscht virum Virus huet, reest een net an et bucht een och keen Hotel oder soss eng touristesch Aktivitéit. Dëst huet derzou gefouert, dass munch Betriber Ëmsatzabousse vu méi wéi 80 % ze erliden haten, an dat ass dramatesch!

Geneesou dramatesch war, datt d'Iwwernuechtungen am Joer 2020 ëm bal d'Hallschent, ëm 46,8 % fir genee ze sinn, agebrach sinn. D'Zëmmerauslaaschtung an den Hoteller war op engem historeschen Déif. A genau aus deem Déif muss mer elo eraus a mir dierfen als Politik de Sektour do net eleng loossen – ganz am Géigendeel!

An deem Kontext hat de Minister Delles jo am Juni 2020 och de Plan de relance „Restart Tourism – Stabiliséieren. Adaptéieren. Promouvéieren“ presentéiert. Den Usproch war gutt an och d'Ziler – Tourismusfong, Promotiounsstrategie, Digitalstrategie – waren a si gutt. Mee och hei geet et net duer, fir Ziler ze formuléieren. Et muss een och konkret Weeër an Etappe formuléieren, fir dës Ziler ze erreechen. Nach ass den Tourismus awer haut um Wee vun der Erhuelung an dat constatéiere mer mat vill Freed.

D'Buchungen an den Hoteller sinn 2021 ëm 14 % geklommen. An och hei bei eis zu Lëtzebuerg ass d'Demande geklommen no sougenanntem Outdoor-Tourismus. Grad dat ass jo en Trend vum Post-Pandemie-Tourismus, bei deem grad eist schéint Land seng Kaart spille kann a woubäi mer eis hanner kengem muss verstopp – ganz am Contraire!

Natierlech ginn et och hei grouss regional Ënnerscheeder. Wéi esou dacks huet och hei de ländleche Raum nach e bësse méi gelidden, well nach konzentriert sech de Gros vun der touristescher Offer an der Stad. Mee grad an der Hoteloffer muss hei och eise ländleche Raum nozéien an hei dierf een näischt dem Zoufall iwwerloossen, well laut dem Statoc

waren am Joer 2019 36 % vun den Iwwernuechtungen an der Stad, am Éislek waren et 27 %, am Mëllerdall 15 %, am Guttlend 9 %, am Süde 7 % an op der Musel 6 %. Hei brauche mer also eng kloer Strategie mat enger méi regionaler Dimensioun.

Et wier interessant, vun der Regierung gewuer ze ginn, wat hei konkret geplangt ass. Ech kéint mer zum Beispill hei eendeiteg méi Publicitéit fir eis ländleche Regiounen an der Stad virstellen, och grad an den Hoteller, wéi gesot, vun der Stad Lëtzebuerg. An natierlech och um Land fir eis Stad, firwat net, well mir si jo keng Konkurrenten, mir sinn touristesch Partneren zu Lëtzebuerg, Stad a Land a Land a Stad.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann zu den neien Trends, déi mir elo feststellen no zwee Joer Pandemie. An aus dësen Trends muss mer dann zesummen nei Perspektive fir eis Tourismusbranche an domadder fir eist ganz Ländche maachen.

Do wier emol fir d'éischt de Megatrend vun der Digitaliséierung ze erkennen. Natierlech kann ee keen Tourismus mat engem Mausclick maachen. Et kann een zwar eng Rees virtuell virbereeden. Et kann ee sech déi Saach och ukucken. Et kann een haut virtuell reesen. Jo, dat geet alles. An awer: Et ass net dat selwecht a keen Hotel huet eppes dovun an et léiert een och wirklech d'Land net esou kennen. „Tourismus kënnt vun Tour“, heescht et, an déi Tour soll real a wa méiglech net virtuell sinn.

Awer de Marketing, dee gëtt ëmmer méi virtuell, egal op et den Hotel, e Camping oder e Reesbüro ass. Mir gesinn dat jo bei eis selwer, wa mer eng Rees virbereeden: Vill vun eis kucke sech dat emol fir d'éischt iwwert Sichmaschinnen un an do gëtt schonn eng wichteg Virentscheedung getraff. An hei dierf Lëtzebuerg ganz kloer net duerch den digitale Kuert falen – ganz am Géigendeel!

Well d'Konkurrenz schléift net a grad an der Tourismusbranche huet sech d'Digitaliséierung beschleunegt an hei muss mer mathalen, och a grad wa mer op där anerer Säit éischter e luesen an duussen Tourismus ubidden. An och eis Hoteller mussen hei nozéien. Ech denken un den digitalen Checkin zum Beispill oder natierlech och Onlinereservéierung bei de Restaurants. A grad hei dierf ee Kleng- a Mëttelbetriber net aleng loossen. Dëst gëllt allgemeng am digitale Beräich, mee et gëllt besonnesch an der Tourismusbranche.

Och hei géif et mech interesséieren, wéi genee der Branche digital soll gehollef ginn, well et dierf een hei net vergiessen, datt den Tourismus jo och Deel ass vum Nation Branding. A grad dës zwou strategesch Approch mussen an eisen Aen nach méi Hand an Hand goen an och vläicht méi terre à terre mat engem wirkleche Meerwäert fir eis Tourismusbetriber an déi 30.000 Leit, déi do schaffen.

Här President, ech hunn et schonn deelweis gesot: E weideren Trend ass den duussen Tourismus. A wa mer duussen Tourismus soen, da soe mer natierlech – a virdrun ass et schonn ernimmt ginn – och a grad de Vëlo, well Lëtzebuerg ass jo eng grouss Vëlosnatioun, net just an der Kompetitioun, mee och ëmmer méi an der Fräizäit. Mir begréissen déi besteeënd Initiativen, mee et gëtt awer hei definitiv nach Loft no uewen, well vill Vëlosweeër sinn awer net bis zum Schluss duerduecht. An och hei brauche mer eng Gesamtstrategie an net e bëssen hei an e bëssen do.

Weider muss d'Netz ausgebaut ginn. An och hei eng Fro: Sinn nach weider Vëlosweeër geplangt? An ass och eng besser Vernetzung vum besteeënde Réseau virgesinn?

Dat selwecht gëllt dann och fir vill vun eise Wanderweeër. A grad hei gëtt et jo weening Länner, déi et mat Lëtzebuerg ophuele kënnen. Nach hu mir awer och hei Sutt no uewen. Besseren a méi kloer Schëlter, awer och besser Informatiounen iwwert d'Zoustänn vu Wanderweeër wieren noutwendeg. Grad hei wiere besser Appen op eise Smartphonen och net vu Muttwell an déi kéinten och an eng global Tourismusapp fir ganz Lëtzebuerg integréiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann e weideren Trend, deen ech schonn ugeschnidden hunn: Dat Regionaalt ass um Kommen. Dat heescht, Lëtzebuerg ass och um Kommen. Mir sinn zwar e klengt Land, mee mir hunn eng Hellewull vun ënnerschiedleche Regiounen op engem ganz, ganz klengen Terrain. Kaum e Land ass op esou enger klenger Fläch esou verschidden!

Huldang an Hesper, Réimech a Rodange, d'Stad Lëtzebuerg, d'Stad Esch an och d'Nordstad, d'Musel an d'Sauer, d'Éislek an d'Guttlend, alles dat läit net wäit vunenanner ewech, awer et si ganz aner Tourismusresultat, déi een hei ka feststellen. Grad dësen Erlebnescharakter ass iwwerregens och wichteg fir e modernen Tourismus zu Lëtzebuerg.

Ganz interessant sinn dann nach hei d'Initiativen, wéi zum Beispill den Önotourismus, dee besonnesch eis schéi Musel betrëfft. Hei gëtt et jo och d'Onlineplattform wäistroos.lu, mee och hei ass nach weidere Marketing noutwendeg.

Dat bréngt mech dann zu mengem leschten Deel: Wat muss nach alles gemaach ginn a Saachen Tourismus zu Lëtzebuerg no dëser Pandemie? An do ass fir d'éischt déi ieweschst Maxim: nach méi zesummeschaffen an dës Zesummenaarbecht och nach besser fërderen. Well mir hunn alles hei zu Lëtzebuerg oder bal alles! Mir kënnen natierlech net mat enger Plage a mat engem Meer dëngen, awer, wéi gesot, mir hu bal alles. Mee mir mussen d'Acteuren um Terrain nach besser vernetzen a mir mussen eis als Land nach besser verkafen.

Ganz wichteg ass den Esprit vu Partnerschaft, grad och tëschen den Offices régionaux de tourisme. An natierlech stellt sech och d'Fro vun de Mëttelen, déi vläicht net ëmmer duerginn. Och hei d'Fro un d'Regierung: Ass geplangt, fir hei eise Tourismussektor méi Moyenen zur Verfügung ze stellen?

Natierlech mussen och hei d'Gemenge mat an d'Tourismusboot geholl ginn. Si sinn zentral, oder besser dezentral Acteure mat engem ganz groussen Know-how, dat een net dierf broochleie loossen, well kee kennt den Terrain besser wéi d'Leit vum Terrain. Hei géif et mech dann och interesséieren: Wéi sollen eis Gemengen nach besser an eng Gesamtstrategie fir eisen Tourismus agebonne ginn? Wat kann hei, Här Minister, nach verbessert ginn?

„Gesamt“ ass e gutt Stéchwuert, well ëmmer méi Leit siche gesamt oder global Packagen, quasi en touristeschen „all inclusive“, zumindest vun der Offer hier. An anere Wieder: Mir mussen et de potenziellen Touristen esou einfach wéi méiglech maachen, fir op Lëtzebuerg ze kommen, a virdrun, fir sech iwwerhaupt emol Lëtzebuerg erauszesichen.

A wann ech da Packagë soen, mengen ech natierlech och eng méi grouss Kollaboratioun tëschen eise Regiounen. Mir mussen eis hei verstärkt der Demande vun den Touristen upassen an och en einfachen Tourismus sur mesure oder à la carte ubidden, an dat ouni stonnellaang um Internet mussen ze sichen. An deem Sënn sinn dann och besteeënd thematesch Packagen auszubauen. An och hei muss ee kloer ënnersichen, wéi d'Demande evaluéiert, an dann eis Offer dëser Demande upassen, well d'Zäiten, an deenen

d'Demande sech der Offer ugepasst huet, déi sinn, mengen ech emol, eriwwer. Hei kënnen mer nach vill vun anere Länner oder och anere Regiounen léieren. Ech denken zum Beispill u Südtirol, déi e formidable Marketing fir hir Regioun maachen, a vill Lëtzeburger schätzen dat jo och.

Ech kommen dann zu menger Konklusioun. Déi ass u sech optimistes, well mir gleewen un eist Land an och un eisen Tourismus. Nach däre mer de Secteur awer net eleng loossen als Politik. A grad fir nei Perspektiven opzewiesen, brauche mir nach e bessere politesche Kader an och eng méi geziilt politesch Ënnerstëtzung, well kaum e Land huet méi touristesch Potenzial an der Postcovidzäit wéi Lëtzebuerg. Mir leien eigentlech optimal an zentral a Westeuropa. Mir hunn hei e grouss Anzuchsgebitt mat enger relativ grousser Kafkraaft. Mir si mam Findel zimmlech gutt vernetzt. Bei den Zich besteet zwar nach Loft no uewen, wéi mer dat gëschter jo och schonn ugeschwat haten, mee Lëtzebuerg ass dach awer zimmlech liicht erreechbar.

Nach muss mer eist Land verstärkt op déi international an och op déi grouss regional touristesch Landkaart setzen, an hei bleift nach villes ze maachen. Virun allem awer brauch et heifir eng Visioun, eng Strategie, fir dës ëmzesetzen. An et brauch och méi Kooperatioun am Land an an eise Regiounen. An natierlech brauche mer och méi Investitiounen. Alles dat muss Hand an Hand goen.

Grad Esch2022 ass fir eis och eng Chance, fir emol en anert Lëtzebuerg ze weisen. Dat selwecht gëllt och fir eise ländleche Raum, mee och fir d'Stad selber, eng vun de schéinsten Alstied an eiser Géigend. Mir müssen dofir kloer no bause weisen, dass mir méi si wéi Banken a Big Business, mee och Bëscher a Baachen an och Kleng- a Groussstied, Konscht a Kultur, Geschicht a Geschichten an natierlech och Gastronomie an Hotellerie, an dass et einfach Spaass mécht, Vakanz zu Lëtzebuerg ze maachen, dat fir all Alter, fir all sozial Schicht, fir eenzel Touristen an och fir d'Familljen. An dass dat esouguer gëllt, wann ee Kongresstourismus mécht, well och hei kann een dat Nätzlecht mat deem Agreabele verbannen.

An deem Sënn menge mir, dass Lëtzebuerg nach en enormt touristesch Potenzial huet an dass eist Land eng wierklech touristesch Schatzkëscht ass. Mir müssen dës Schatz nach zesumme méi hiewen an och no bannen an no bause weisen. Mir gleewen drun, dass eisen Tourismussecteur dat kann an dat och packt.

Nach muss de Staat elo mat Hardware an och mat Software dem Secteur hëllefen, fir elo aus der Kris eng nei Chance ze maachen, an dat net just mat schéine Wieder, mee mat wierklechen Aktiounen a mat enger globaler Tourismusstrategie vun ënnen erop.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci dem Här Eischen. Déi nächst ageschriwwen Riednerin ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, et ass un Iech.

**Mme Carole Hartmann (DP)** | Merci, Här Präsident. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'éischt och vu mir e Merci un d'Stéphanie Empain. Et ass zwar schonn e bëssen hier, dass d'Interpellatioun ugefrot ginn ass, mee ech mengen, dass mer haut och kënnen verschidde Léieren aus der Pandemie zéien an erëm positiv an d'Zukunft kucken.

Fir unzefänken och vu mir e puer Zuelen. Et sinn der elo schonn e puer genannt ginn.

Statistesches gesinn dréit den Tourismussecteur 8 % zum Räichtum vun eisem Land bäi. 2019, dat lescht Joer virun der Coronapandemie, huet de World Travel Monitor 1.587.000 Reesen op Lëtzebuerg gezielt. Dovunner waren der 1.111.000 Vakanzereesen, 302.000 Geschäftsreesen an 175.000 Leit waren op Besuch bei Frënn oder Famill zu Lëtzebuerg. Wann een d'Donnéeën tëschent 2015 an 2019 kuckt, da gesäit een eng konstant Steigerung vun der Unzuel vu Reesen op Lëtzebuerg an eng duerchgoend Dominanz vun de Vakanz an d'Fräizäitreesen am Verglach mat de Geschäftsreesen.

Am Joer 2019 gouf et 2,8 Milliounen Iwwernuechtungen an eisen Hoteller, Jugendherbergen a Campingen. Ongeféier 22.000 Leit schaffen hei zu Lëtzebuerg an deem Secteur. Lëtzebuerg zielt am Ganzen 361 Plazen, wou ee kann iwwernuechten, ob dat en Hotel ass, där mer 228 hunn, e Camping – 82 – oder eng aner Herberg. Dës 361 Infrastrukture bidden am Ganze 60.245 Schlofgeleechenheiten hei zu Lëtzebuerg.

Den Tourismus ass domat e wichtege Pilier vun eiser Ekonomik. Hien ass awer nach vill méi. Leit, déi op Lëtzebuerg kommen, fir Vakanz ze maachen oder un engem Event deelzehuelen, maache sech während hirem Openthalt e Bild vun eisem Land a senge Leit. Se begéien Leit, entdecken Landschaften, si schmaachen och Saachen. Reesen ass ëmmer en Erlebniss, vun deem ee Souvenire mat heem hält. Ech mengen, jidderee vun eis ka bestëmmt spontan u besonnesch schéi Souvenire vun enger Rees denken.

Duerfir solle mir och derfir suergen, dass déi Leit, déi bei eis kommen, och esou flott Erënnerunge mat bei sech heem huelen. Un den Zuele gesäit een: 2019 goung et dem Tourismussecteur gutt. E war amgaangen, sech positiv ze entwéckelen, souwuel an der Quantitéit wéi och an der Qualitéit. Du kount awer d'Coronapandemie. Wann een d'Zuele vun de Reesen op Lëtzebuerg vun 2020 mat deene vun 2019 vergläicht, da mierkt een, wat fir en Afloss d'Reesrestriktiounen op den Tourismussecteur haten. Vu bal 1,6 Milliounen Reese si mer op ronn 600.000 gefall. D'Iwwernuechtungen, et ass scho gesot ginn, sinn ëm bal 47 % agebrach.

Och wa Lëtzebuerg elo net esou ofhängeg vum Tourismus ass wéi aner Länner, wéi zum Beispill Spanien oder Griicheland, esou liewen awer 22.000 Leit direkt oder indirekt vun deem Secteur. An 8 % vum PIB klängt vläicht no net vill, et ass awer ëmmerhin am Verglach zu anere Secteuren méi wéi an der Landwirtschaft oder am Bausector.

Mat der Covid-19-Pandemie si vill Leit vun haut op muer och an de Chômage partiel gefall, an d'Betriber, oft kleng Familljebetriber, hunn ëm hir Existenz, jo souguer ëm hiert Liewenswierk gebaangt. Fir d'DP war et evident, dass de Staat dës Betriber muss ënnert d'Äerm gräifen, fir dass si et duerch dës schwiereg Phas packen. Duerfir sinn ech frou, dass eis Regierung eng ganz Panoplie vun Hëllefen op d'Bee gestallt huet, déi gezielt och deem Secteur zeguttkomm sinn. Ouni dës Hëllef wier et schwéier gewiescht fir eis Hoteller, Jugendherbergen a Campingen, mee och fir déi aner Horeca-Betriber, déi vum Tourismus liewen. Wa mer haut op déi zwee Joer Pandemie zrëckkucken, kann een awer soen, dass mer nach mat engem bloen A dovukomm sinn.

Fir mech gëtt et dräi grouss Grënn, firwat den Tourismussecteur et plus ou moins duerch dës Kris gepackt huet: de 50-Euro-Bong, geziilt Campingen, déi vun der Tourismusdirektioun am Wirtschaftsministerium gemaach goufen, an déi breetgefächert Krisenhëllef, déi d'Regierung op d'Bee gestallt huet.

Fir d'éischt zum 50-Euro-Bong. Weinst de Reesrestriktiounen am Joer eent vun der Pandemie hu vill Leit hir Vakanz missen ofsoen. Laang Reese mam Fliger waren net méi denkbar. Kee wousst, wéi et géif weidergoen. Wéi dunnt déi éischt Ouverture kount, waren d'Leit versichert. Se wollten net wäit reesen an hu sech och éischter spontan decidéiert, enzwousch hinzegoen.

D'Iddi vum 50-Euro-Bong, fir dass d'Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen oder schaffen, Vakanz doheem maachen an d'Pandemie als Geleeenheet gesinn, hiert Land emol richteg kennen ze léieren, kount du genau geleeën. D'Rechnung ass och opgaangen. Iwwer 140.000 Bonge goufen ageléist. Dat sinn iwwer 140.000 Leit, déi op d'mannst eng Nuecht an engem Lëtzeburger Hotel, Camping oder engem Gîte verbruecht hunn, fir eist Land ze entdecken.

Wann ee weess, dass d'Lëtzeburger gäre während hire Reesen och e gudden Maufel iessen an och e gudden Pättchen drénken, da kann ee sech denken, dass d'Rechnung och fir eis Betriber opgaangen ass. Si konnten eng nei Clientèle empfänken, fir déi Lëtzebuerg ënner aneren Ëmstand net onbedéngt d'Zilland Nummer 1 gewiescht wär. Nei Clientë sinn an engem Secteur wéi dem Tourismus ganz wichteg. Et louch och un de Betriber, dësen neie Clienten ze weisen, wat eist Land ze bidden huet, an hinnen et schmackhaft ze maachen, nach eemol erëmzekommen oder hire Frënn eng änlech Rees ze recommandéieren. De Succès vun der Vakanz doheem war souguer esou grouss, dass Lëtzebuerg 2020 d'Vakanzendestinatioun Nummer 1 vun de Lëtzeburger war, an dat virun den traditionellen Destinatiounen wéi Frankräich oder Spanien. Dat war du jamais-vu.

Eng zweet Ursach, firwat de Secteur awer nach gutt duerch déi schwéier Zäit komm ass, war déi adaptéiert Publicitéitscampagne. Statt, wéi et an der Zäit üblech war, ze probéieren, d'Leit aus der ganzer Welt op Lëtzebuerg ze zéien, gouf an deenen zwee Pandemiejore gezielt e Publikum ugesprach, dat nobäi wunnt an esou och flexibel mam Auto kann ureesen. Däitschland, Frankräich, Holland an d'Belsch an och Lëtzebuerg waren do Zilmarchéen. Während der Pandemie ware Spontanitéit, Flexibilitéit a Proximitéit nei Krittären, déi beim Buche vun enger Rees ganz wichteg waren.

Eng drëtt a mat déi wichtegst Ursach, firwat den Tourismussecteur mat engem bloen A dovukomm ass, sinn awer déi breetgefächert Hëllefen, déi eis Regierung en place gesat huet. Eis Betriber hate während der Kris Phasen, an deene se konnte Leit empfänken, Phasen, an deene se hu missen zou hunn, a Phasen, an deene se konnten op hunn, mee d'Leit awer nach hesitéiert hunn. Besonnesch fir d'Phasen ofzedecken, wou se net hunn dierfe schaffen, war et wichteg, dass de Staat hinne mat enger Panoplie vun Hëllefen duerch dës schwiereg Zäit hëllef.

Ech erënneren eng Käier kuerz un déi vill Hëllefen; et ass schonn eng Zäit hier, se goufen nach net alleguerter genannt.

Et gouf eng éischt Indemnitéit d'urgence fir Independanten, eng zweet Indemnitéit d'urgence fir Independanten, dunn eng éischt Indemnitéit fir Mikro- a Klengentrepreneuren, eng zweet Indemnitéit fir Mikro- a Klengentrepreneuren, eng Indemnitéit d'urgence fir PMEen, déi tëschent 10 an 20 Leit ugestallt hunn, eng drëtt Indemnitéit d'urgence fir Independanten, eng spezifesch Hëllef fir de Commerce, d'Aide pour la lutte contre le Covid-19, d'Aide, fir de Salaire social minimum auszegläichen, d'Avance remboursable, d'Aide fir nohaltig Investissementer während der Covidzäit, d'Staatsgarantie fir Prëten. An da gouf et nach dräi Aiden, déi



bis haut nach gëllen, déi sech awer an enger Phasing-out-Phas befannen. Et sinn dat de Chômage partiel, d'Aide coûts non couverts an d'Aide de relance.

An deenen zwee Joer hu mer mat dësen insgesamt eelef verschiddenen Hëllef en iwwer 550 Milliounen Euro un eis Betriber ausbezuel. Bei all deenen Hëllef, déi ënnert den Temporary Framework gefall sinn, hu mir och de kompletten europäesche Kader bis zum Schluss ausgenotzt.

Meng Kolleege, d'Presidentin vun der Mëttelstandskommissioun, d'Simone Beissel, huet et schonn e puermol hei op der Tribün gesot: Eis Strategie war hëllef, adaptéieren a verlängeren. Ganz nom Prinzip: Sinn d'Restriktiounen an d'Luucht gaangen, sinn och d'Hëllef an d'Luucht gaangen; gouf dann awer gelockert, da sinn och d'Hëllef erofgeschrafft ginn.

Wa mer elo op déi zwee Joer zrëckkucken, da sinn ech der Meinung, dass d'Aart a Weis, wéi mer eis Betriber, besonnesch déi aus dem Tourismussektor, an dëser schwéierer Zäit bis zum Schluss vun der Kris begleet hunn, duerchaus positiv ze bewäerten ass.

Ech wëll och hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Tourismusminister Lex Delles a seng Beamten e grouse Merci ze soen. Et ass vill während der Pandemie geschafft ginn, an notament d'Unzuel vun den Demanden, déi an Ärem Ministère während der Kris traitéiert goufen, war enorm. De Minister a seng Leit haten trotzdeem ëmmer en oppent Ouer fir déi Concernéiert a ware beméit, dass d'Hëllef esou séier an onkomplizéiert wéi méiglech ausbezuel goufen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Här President, wann een eppes Positives aus dëser Kris wëllt zéien, déi den Tourismussektor uerg strapazéiert huet, dann, dass mir alleguerten eist Land, dass mir Lëtzebuerg nei oder iwwerhaapt emol entdeckt hunn. Dat wär net onbedéngt geschitt, wa keng Pandemie gewiescht wier an d'Reese méi wäit an d'Ausland weider méiglech gewiescht wären.

Fir eis Acteuren am Tourismusberäich ass dat eng deelweis nei Clientèle, déi et elo gëllt ze fideliséieren. Et muss een och net ëmmer ganz wäit fortgoen. E puer Deeg Vëlofueren oder Wandern zu Lëtzebuerg mat där enger oder anerer Iwwernuechtung an engem gudde Maufel an engem gudde Patt – ech kommen drop zrëck – ass och Vakanz.

An och, wann eist Land eng kleng Fläch huet, Lëtzebuerg huet dach immens vill ze bidden. Ech denken dobäi un déi schéin Naturlandschaft mat hire Wander- a Vëlosweeër, hire Séien a Schlässer. Natierlech denken ech dobäi och u meng Regioun, virop un de Mëllerdall, wou den Natur- & Geopark Mëllerdall ganz rezent an d'Netzwerk vun den Unesco Global Geoparks opgeholl ginn ass.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | D'Stad Lëtzebuerg, eis Hauptstadt, war, ass a bleift en touristeschen Highlight, ënner anerem mat de Kasematten, déi jo rezent en neie Look kritt hunn, doriwwer eraus awer och mat enger ganzer Panoplie un historieschen a kulturellen Attraktiounen.

Ech denken awer och un eis Musel mat kleng symphatische Wënzerdierfer, gesellege Wäistuffen an hoffentlech gläich och nees engem flotte Wäimusee zu Éinen.

**Une voix** | A! Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | An net ze vergiessen de Süde vum Land mat senger Industriegeschicht,

mee och sengen Naturschutzgebied an dëst Joer och Esch2022.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | An d'Brauerei!

**Une autre voix** | Très bien!

**M. Gusty Graas** (DP) | An de Parc merveilleux zu Beetebeurg!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Ech kann net extensiv, Här Graas, op alleguerten d'Attraktiounen agoen!

**M. Gusty Graas** (DP) | Déi Risenattraktioun aus dem Land!

*(Interruptions et hilarité)*

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci. Mee Dir wësst alleguerten, Lëtzebuerg huet immens vill ze bidden.

**Une voix** | Richtig!

**Une autre voix** | Selbstverständlech.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Kolleegeinnen a Kollegen, ...

**M. Marc Spautz**, Président de séance | D'Madamm Hartmann huet d'Wuert, soss keen. Madamm Hartmann, loosst Iech net stéieren!

*(Interruption)*

**Mme Carole Hartmann** (DP) | ... no der Coronakris, déi mer hoffentlech hannert eis hunn, gëllt et elo fir den Tourismussektor, erëm duerchgestarten. Leider stellt d'Energiekris och dëse Sektor virun nei Herausforderungen. Alles gëtt méi deier, an ech mengen, dass och d'Präisser an eise Restauranten an Iwwernuechtungsstrukturen no uewen ugepasst kéinte ginn. Et sinn onsécher Zäiten, mee ech mengen, dass d'Leit no zwee Joer Pandemie erëm e bësse méi Fräiheet brauchen an och wëllen. An zur Fräiheet gehéiert eeben och d'Reesen derzou an an de Restaurant goen.

D'lescht Woch war ech op der Presentatioun vun der neier Tourismusstrategie fir Lëtzebuerg an ech hu gesinn, dass och d'Erferungen aus der Kris mat an déi nei Strategie agefloss sinn. Dat ass gutt a richtig. Et huet ee sech missen déi richtig Froe stellen: Wat huet eist Land ze bidden? A wien ass dorunner interesséiert? Dat si fir mech déi zwou wichtegst Froen an deem Kontext, besonnesch fir d'Zukunft vum Sektor.

Eist Land huet un éischer Stell vill Natur ze bidden. Dat sinn ideal Virussetzunge fir déi sougenannten Aktivtouristen, Leit, déi e puer Deeg wandern oder Vëlo fuere ginn. Duerfir sinn ech frou, dass mer och an Zukunft weiderhin an och méi intensiv a gezielt esou Touristen usprieche wëllen, sief dat op spezialiséierte Foiren an noen Ausland oder och an der Fachpress, déi dës Clientèle liest.

Hautzudaags leeft d'Promotioun awer natierlech och op de soziale Medien an iwwer Applikatiounen wéi d'VisitLuxembourg-App. Fir den Aktivtourist a beschte Konditiounen ze begreifen, ass a bleift et wichtig, eng intakt Infrastruktur opzeweisen. Ech denken do virop un d'Wëeër, d'Wanderweeër an hir Beschëldung, déi an Zesummenarbecht tëschent den nationalen, regionalen a lokalen Acteuren ënnerhalen an à jour gehale mussen ginn.

Nieft naturno soll eisen Tourismus awer och nohalteg a modern sinn. Net all Etablissement hei zu Lëtzebuerg hat bis elo d'Chance, seng Infrastrukturen ze moderniséieren. Wann ee wëllt e qualitativ héichwäertegen Tourismus promouvieren, da gehéieren awer och modern an adequat Strukturen dozou, déi den haitege Besoinen vun de Leit entsprechen.

Duerfir ass et wichtig, dass de Ministère och weiderhin eis Betriber finanziell ënnerstëtzt fir Renovatiounen, Modernisatiounen, awer och, fir sech digital

op den neiste Stand ze bréngen. Well wie modern seet, seet och digital. Dat geet vum Optrëtt op enger Homepage bis zum digitale Bezuelen, mee och dem schnellen Internet. Och wann een elo net soll an der Vakanz onbedéngt permanent mam Handy spillen, esou ass e gudden Internetreseau awer eppes, wat den Tourist vun haut och erwaart.

Wann ee vu moderne Strukture schwätzt, denkt een awer och un Accessibilitéit, sief dat fir Leit, déi eng Behënnerung hunn, awer och fir Leit, déi aus Altersgrënn net méi esou gutt ze Fouss sinn oder net méi gutt gesinn, oder och déi jonk Famillje mat Kannerkutschen, déi ënnerwee sinn. Och fir si sollen eis Infrastrukturen zoungängelech sinn an d'barrièrefräit Reese muss weider promouvéiert ginn.

En anere Piler, op deem déi nei Tourismusstrategie setzt, ass de Kultur- a Gedenktourismus. Bei Gedenktourismus denkt ee vläicht un amerikanesch Touristen, déi um Kierfecht hire verstuerwene Virfare gedenken. A Wirklechkeet ass dëse Sektor awer vill méi breet. Ech denken do un de Süde vum Land, wou een entdeckt kann, wéi mir fréier aus Äerz de Räichtum vun eise Land opgebaut hunn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Ech denken awer och un d'Europäesch Unioen. Als Grënnungsmitglied hu mir do eng ganz besonnesch Roll gespillt. Zu Schengen hu mir e Musée, a kierzlech huet de Staat och déi al Marie-Astrid opkaaft, op där d'Schengener Vertrag ënnerschriwwen goufen. Och dat interesséiert d'Leit, déi bei eis kommen.

Här President, Kolleegeinnen a Kollegen, während der Coronapandemie waren d'Kuerztrippchen an d'Dagesausflug generell méi gefrot. Och wa mer weiderhin Touristen sollen unzéien, déi méi laang zu Lëtzebuerg bleiwen, traditionell op engem vun de ville Campingen am Land, awer och an neie moderne Beherbergungsstrukturen, sollte mer eis touristesch Offer awer och op déi méi grouss Unzuel un Dagestouristen aus dem In- an Ausland ausrichten. An zwee bis dräi Deeg kann een hei zu Lëtzebuerg och vill maachen a gesinn.

Duerfir géif ech et och wichtig fannen, dass ee Weekend-Packagen ausschafft mat engem komplette Programm an déi dann och esou vermaart. Eng Nuecht an der Stad an eng am Éislek oder op der Musel zum Beispill mat engem Programm, an deem een eng jett Saachen apake kann: en Tour duerch d'Kasematten, eng Visitt vum Palais, en Tour duerch d'Wéngerte mat enger Degustatioun, e Vëlos- oder Wandertour duerch de Mëllerdall, eng Visitt vun Esch2022 oder och eng Visitt vun engem vun eise ville Schlässer. Ech mengen, d'Méiglechkeet sinn do enorm villfälteg an et ass och fir jiddereen eppes derbäi. Eis Regiounen sinn esou verschidden an awer esou no beieneen.

Ech sinn och der Meinung, dass mer eise Flughafen, deem elo haut nach net genannt ginn ass, och an eis Strategie onbedéngt sollten abannen. De Findel ass fir eist Land an den Tourismus e Risenatout. Wann een d'Destinatiounen kuckt, déi mëttlerweil ugeflu ginn, ass d'Offer enorm grouss ginn. Vum Findel aus ginn och zum Beispill vill Stadreesen iwwert de Weekend ugebueden, zum Beispill op Hamburg oder Berlin, déi do ganz beléift sinn. Et flitt ee freides moies dohinner a sonndes owes kënn een zrëck.

Mir sollten à l'inverse och probéieren, d'Berliner, d'Hamburger an och anerer op Lëtzebuerg fir e Weekend unzezielen. D'Fluchverbindung ass do, kommt, mir notzen dës Chance!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Do kéint een, wéi gesot, och Packagen ubidden mat engem Vol, zwou

Iwwernuechtungen an engem flotte Programm. Ech mengen, dass mer op dësem Punkt nach vill Potenzial hunn.

Här President, d'Pandemie huet besonnesch dem Kongresstourismus, deen amgaange war, sech hei zu Lëtzebuerg ze entwéckelen, de Wand aus de Seegele geholl. Vill Foiren a Kongresser goufen ofgesot, aner goufen digital ofgehalen. Dëse Secteur gëllt et, elo nees nei ze lancéieren.

D'Virussetzunge si ginn hei zu Lëtzebuerg, ënner anerem am MICE-Cluster, deen als Zil huet, speziell dës Nisch weiderzuentwéckelen. De Kongresstourismus ass och complémentaire zu dem Fräizäitourismus, dee sech generell méi op de Weekend konzentréiert. D'Infrastrukturen derfir hu mer. Ech denke virop un de grouesse Conventioncenter, d'Foreshalen an eng ganz Rei Hoteller, déi mer och um Kierchbiereg no derbäi hunn, no beim Flughafen, no bei der Gare, an an noer Zukunft wäert den Tram dës dräi och matenee verbannen.

Nieft der Stad Lëtzebuerg gëtt et entre-temps awer och am ländleche Raum méi oder manner grouss Hoteller, Zentren a soss Infrastrukturen, wou och Kongresser oder soss Eventer kënnen ofgehalde ginn.

Kolleginnen a Kollegen, zu eiser Kultur gehéieren och lokal a regional Spezialitéiten. Déi neist Tourismusstrategie nennt dat „Kulinarik und Wein“, op gutt Lëtzebuergesch: „Fir Iessen an Drénken ass beschtens gesuergt.“ Während der Pandemie huet dat Lokaalt a Regionaalt generell nees zougeholl. Mir sollten dëst onbedéngt weider an d'Vitrinn stellen. Duerfir gefält mir besonnesch gutt déi nei Campagne „Lëtzebuerg genéissen“, wou während dem ganze Summer en Dësch fir 100 Leit op sechs flotten, verschidde Plazen am Land wäert opgeriicht ginn an e Chefkach Spezialitéiten aus de Regiounen ubidde wäert.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Mir weisen de Leit domat, wat eist Land kulinaresch ze bidden huet, begleet vun engem gudde Patt Wäin – ech kommen ëmmer erëm drop zrëck – oder engem gudde Béier vun heiheim.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Carole Hartmann (DP)** | Lokal a regional gëtt och beim Konzept vum „Guide for one day“ geduecht. Statt engem professionelle Guide kritt een en Deel vun eise Land vun engem Guide presentéiert, dee grad an där Regioun oder an där Stad leeft.

Här President, den Titel vun der neier Tourismusstrategie ass „Mënschen, Regiounen an Économie“, eng fir mech ganz gutt Zesummefassung vun enger Strategie, déi de Bedierfnesser vun eise Secteur gerecht gëtt a mat där mer kloer weisen, a wat fir eng Richtung et soll goen.

Duerfir ass et mir och net baang fir d'Zukunft vum Tourismussektor. An ech hoffen, dass eis Betriber elo erëm voll duerchstarte kënnen. D'Ziele fir déi nächst Wochen a Méint schéngen villversprechend ze sinn. Mir drécken allegueren d'Daumen, dass déi annoncéiert Touristen de Wee an eis Regiounen och fannen a virun allem, dass se hei zu Lëtzebuerg eng schéin Zäit wäerten hunn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschtenen.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Hartmann. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Tess Burton (LSAP)** | Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir befaassen

eis haut heibanne mat den Zukunftsperspektive vum Tourismus hei zu Lëtzebuerg. Merci der Madamm Empain fir d'Ufro vun dëser Interpellatioun.

Eisen Tourismussektor hei zu Lëtzebuerg huet während Joren ëmmer nei Rekordzuele geschriwwen. Mee duerch d'Pandemie huet de Secteur staark gelidden. No zwee Joer Pandemie ass et wichteg, haut hei op dëser Plaz eng Kéier de Point ze maachen, wéi den Tourismussektor duerch d'Pandemie komm ass, wat d'Erausforderunge vun haut a muer fir dëse Secteur sinn a wéi d'Strategie vun der Regierung ausgesäit, fir eisen Tourismussektor fit fir d'Zukunft ze maachen a fir erëm nei Rekordzuele verzechnen ze kënnen.

Här President, d'Pandemie hat e groussen Impakt op d'Lëtzebuergesche Économie an domat och op Lëtzebuerg als Tourismusstanduert. Eisen Tourismussektor war souguer ee vun de betraffte Secteuren. Den Horeca-Bereich war zäitweis vun enger Fermeture betraff respektiv konnt laang just ënner Restriktiounen schaffen, gradesou wéi d'Touristenattraktionen net konnten opnuhmen oder just limitéiert Gäscht empfanke konnten. De Kongresstourismus war als Éischt vun där Pandemie betraff a wäert nach laang brauchen, fir sech erëm ze erhuelen.

Eisen Tourismus mécht an normalen Zäiten 8 % vun eise PIB aus, assuréiert Zéngtausende vun Aarbechtsplazen, setzt d'Atouten vun eise Land en valeur a verbessert domat och d'Liewensqualitéit vun eiser Gesellschaft. Dofir war et fir d'Regierung wichteg, dëse Secteur während der Pandemie ze ënnerstëtzen a se huet deemno eng ganz Rei vu Mesuren en place gesat. Ech erënnere hei un de Chômage partiel, un d'PME-Aiden an och un d'Initiativ „Restart Tourism“ d'lescht Joer, déi Aktiounen wéi zum Beispill de 50-Euro-Bong lancéiert huet. All dës Initiativen vun der Regierung begrësse mir als LSAP ausdrécklech.

Wichteg ass et elo, dass mir an d'Zukunft kucken an eng Strategie hunn, wéi mer dëse geschwächte Secteur erëm fit wëlle maachen a weiderentwéckele wëllen, dass de Secteur den Ufuerderunge vun haut gerecht gëtt, well d'Konkurrenz ass grouss a jidderee beméit sech, Touristen ze empfanke.

Här President, am Koalitionsaccord ginn zwou Strategien ernimmt. Zum engen ass dat d'Strategie „Tourisme 2022“ fir de Fräizäitourismus an zum aneren ass dat d'Strategie fir de Kongresstourismus. D'Fro, déi sech hei stellt, ass déi, wou mer mat deenen zwou Strategien dru sinn a wéi se duerch d'Pandemie beaflosst gi sinn.

D'Strategie Tourismus 2022 ass virun zwou, dräi Woche vum zoustännegen Minister presentéiert ginn. Si gëtt Äntwerten op d'Erausforderungen, mat deenen de Secteur konfrontéiert ass a gëtt d'Richtung un, wéi eng Aktiounen an Zukunft sollen ëmgesat ginn. Am Fokus steet net nëmme den Tourist, deen aus dem Ausland kënnt, mee och d'Bevëlkerung inklusiv d'Frontalieren, deenen hir Liewensqualitéit duerch den Tourismus och hei zu Lëtzebuerg soll verbessert ginn. Mee et ginn zwou Grundvoraussetzungen, fir dës Strategie kënnen ëmzesetzen. Zum enge sinn dat d'Acteuren aus dem Tourismussektor, déi all zesumme mussen dëse Wee wëlle goen. Zum anere muss d'Regierung sech deen néidege finanzielle Kader ginn.

Här President, d'Acteuren aus dem Tourismussektor, dat sinn d'Betriber, d'Gemengen, d'ASBLen an d'Leit, déi an deene jeeeweilege Regiounen wunnen a schaffen. Den ORTen hir Aufgab ass et, déi jeeeweileg Regioun mat den Acteuren zesummen ze promovéieren a weiderzuentwéckelen. D'ORTen hunn deemno eng ganz wichteg Roll. Si sinn déi, déi hir Regioun am beschte kennen an domat och am beschten en valeur

setze kënnen. Mee et ass wichteg, dass d'Kommunikatioun vun deenen eenzelen ORTen zesumme mam LCTO an dem LFT geschitt, well den Tourist aus dem Ausland, dee kritt net mat, wann hie vun där enger an déi aner Regioun kënnt. Et muss eng eenheetlech Kommunikatioun ginn an den Tourist muss iwwert d'ganz Land begleet ginn. D'Stéchwuert hei fir d'ORTen ass a soll eng verbessert Vernetzung sinn.

Ech wëll an deem Sënn de Pilotprojet ervirhiewen, deen de Minister rezent lancéiert huet, wou den ORT Norde méi mam LFT zesummeschafft, fir esou och Synergien ze schaffen, wat zum Beispill de Marketing, d'Digitalisation oder d'Comptabilitéit betrëfft.

Och sollen an Zukunft d'Personalkäschten vun den ORTen iwwerholl ginn, soudass d'ORTen an de Regiounen, déi jo mam Ministère konventionéiert sinn, hir Enveloppe budgétaire eleng fir hir Projeten notze kënnen. De Budget vun den ORTen ass nämlech wichteg, fir dass si d'Moyenen hunn, fir hir Regioun mat neie Projete weiderzuentwéckelen.

Ech wëll an deem Zesammenhang och erwänen, dass et scho verschidde Stied gëtt, déi eng Taxe de séjour agefuert hunn, e Montant, deen den Tourist bei senger Iwwernuechtung zousätzlech bezuelt, deen dann un d'Gemenge respektiv un den ORT weidergeet a genotzt gëtt, fir weider Investitiounen ze maachen.

Rezent ass an der Regioun Mëllerdall dës Taxe de séjour decidéiert ginn. Eng Rei Gemengen huet se schonn agefuert, awer nach net all. Dëst weist virun allem, dass an der Regioun méi Suen néideg sinn, fir de Programm, deen den ORT wëlle huet, ëmzesetzen. Deemno misst ee grondsätzlech driwwer nodenken, ob déi finanziell Enveloppe, déi all d'ORTE kréien, duergeet oder ob de Staat den ORTen nach méi Moyene muss ginn, dass se hire Programm, dee se sech virstellen, ëmsetzen kënnen. Dorop wäert de Minister sécher herno agoen, wéi d'Budgeten och vun den ORTen fir déi nächst fënnf Joer virgesi sinn.

Här President, niewent deene Budgeten, déi den ORTen an de Regiounen zur Verfügung gestallt ginn, ass awer virun allem de Budget vum Fënnfjoresplang vum Tourismus elementar, do wou d'Regierung sech déi finanziell Méiglechkeete gëtt, fir iwwerhaupt kënnen hir Strategie ëmzesetzen. De Plan quinquennal definéiert ënner anerem a wéi eng Projeten déi nächst fënnf Joer investéiert gëtt. Am leschten Tourismusplang waren net manner wéi 60 Milliounen Virgessinn, fir an de Lëtzebuergesche Tourismus iwwert déi nächst fënnf Joer ze investéieren.

Ech géif hei gäre vum Minister wëssen, wéi vill Milliounen Euro vun dësem Budget bis elo ausbezuelte goufen a wéi vill Projeten eventuell duerch d'Pandemie a Verzug komm sinn.

Den neie Fënnfjoresplang fir den Tourismus wäert de Minister eis wuel an deenen nächste Woche presentéieren, well dësen ab dem Joer 2023 gëlle soll. An et ass wichteg, dass grad no zwee Joer Pandemie d'Acteuren aus dem Secteur Perspektiv gebuede kréien, wou si an Zukunft finanziell ënnerstëtzt ginn a wéi eng nei Projete fir den Tourismus ëmgesat gi wäerten, well wann dës Pandemie zu eppes gefouert huet, da bei ville Betriber zu eidele Keese respektiv zu Reserven, déi opgebraucht sinn, déi awer esou dréngend néideg wäert fir ze investéieren, well all Betrib ass nëmme esou erfollegräich wéi en och innovativ an attraktiv fir d'Leit ass. An do spille bekanntlech d'Investitiounen eng wichteg Roll.

An deem Kontext wëllt ech de Minister och froen, ob en eis scho ka soen, a wéi eng Richtung déi finanziell Enveloppe fir den neie Fënnfjoresplang wäert goen. Ech erënnere mech, dass beim leschte



Fënnefjoresplang d'Regierung sech 20 Milliounen Euro méi Budget ginn huet, wéi bei deem viregten. Ass och bei deem neie Fënnefjoresplang, dee kënnt, eng Augmentatioun virgesinn?

Här President, wa mer eppes an der Pandemie geléiert hunn, dann ass et d'Feststellung, dass d'Digitaliséierung ëmmer méi wichteg gëtt an dass mer net derlaanscht kommen, fir grad an deem Beräich massiv ze investéieren. Vill Betriber hu sech während der Pandemie digital nei opgestallt. Verschiddener sinn do haut scho ganz wäit. Ech denken hei un nei modernen Internetsäite mat Servicer wéi Onlinebuchungen oder Onlineshopp, déi ëmgesat goufen.

Allerdéngs ginn et awer och Betriber, déi nach net esou wäit sinn, déi déi digital Transformatioun nach viru sech hunn, déi déi digital Vitriinn nach net fir sech entdeckt hunn oder och d'Virdeeler vun der Digitalisatioun am Bezuch op hiren Alldag net notzen. Ech denken do u Programmer fir Buchungen oder fir d'Comptabilitéit ze optiméieren.

Ech weess, dass et déi Initiativ Fit 4 Digital gëtt, wou de Betriber gehollef gëtt, sech ze digitaliséieren. All Betriber gëtt no senger Besoine beroden a gëtt virun allem och bei der Ëmsetzung begleet. Hei géif ech gär vum Minister wëssen, wéi vill Betriber aus dem Tourismussecteur schonn un där Initiativ deelgeholl hunn an a wéi engem Zäitraum d'Nofro, fir un där Initiativ deelzehuelen, och kontinuéierlech eropgeet.

Här President, d'Digitaliséierung ass net nëmme wichteg bei de Betriber oder deenen eenzelen Attraktiounen, mee och beim Staat selwer. Den Tourismusministère muss derfir suergen, dass Lëtzebuerg als Tourismusstanduert den Erausforderunge vun haut gerecht gëtt. Den Tourist sicht haut vill Informatiounen iwwer seng Destinatioun online a wëllt och während sengem Openthalt online mat Informatiounen begleet ginn.

Dofir begrësse mir ausdrécklech, dass Lëtzebuerg endlech eng App krut huet, déi den Tourist während sengem Openthalt hei zu Lëtzebuerg begleet. Ech weess, dass dëst schonn e Projet vum Francine Cloener war, dat déi App léiwer schonn éischter lancéiert hätt wéi eréischt d'lescht Joer. Déi App – „VisitLuxembourg“ heescht se – ass nämlech endlech leschte Summer online gaangen. Et ass eng App, déi net nëmme den Tourist aus dem Ausland begleet, mee och de Lëtzebuerger selwer, dee Lëtzebuerg entdeckt wëll. An deem Sënn interesséiert et mech, ob de Minister eis soe kann, vu wéi ville Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, déi App schonn erfogeluude goug a genotzt gëtt respektiv wéi d'Zuele sech vu Mount zu Mount entwéckelen.

Här President, wann ech vun Digitaliséierung schwätzen, da läit et op der Hand, och vun der Kommunikatioun ze schwätzen, déi och digital muss ausgeriicht sinn, dat zesummen an eenheetlech iwwert eist ganz Land. Eist Land ass a fënnf Regiounen ënnerdeelt, wou déi eenzel ORTe fir d'Vermaartung vun der Regioun zoustänneg sinn. Do derniewent gëtt et och nach den LCTO, deen d'Stad Lëtzebuerg promovéiert an den LFT, deen am Ausland d'Touristen op Lëtzebuerg opmierksam maache soll. Et ass immens wichteg, dass hei d'Opriede vun deene siwen Acteuren eenheetlech ass, dass d'Acteuren hei zesummeschaffen, fir Lëtzebuerg als eng Destinatioun ze vermaarten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo grad scho vun der Kommunikatioun geschwat, déi muss passen. Weesentlech ass awer, dass eis Offer attraktiv ass, dass d'Touriste gär an eist Land kommen, begeeschtert sinn an zrëckkommen. Et ass haut hei scho ganz vill iwwert d'Offer geschwat ginn, sief

dat iwwert d'Iwwernuechtungsméiglechkeeten, déi mer brauchen, Attraktiounen, déi mer zousätzlech zu eisem Patrimoine, eiser Natur a Kultur schafe mussen an och iwwer eis Betriber, déi zur Attraktivitéit vu Lëtzebuerg bäidroen. Dofir brauche mer ganz vill gutt an engagéiert Leit an deem Secteur, deenen et all Dag Freed mécht, eis Gäscht wëllkomm ze heeschen an hinnen eist Land ze weisen.

Ech wëll dofir hei op dëser Plaz all deene Leit, déi an deem Secteur schaffen, mee och deene ville Benevolen, ouni déi et net géif goen, Merci soen, dass si all Dag eis Gäscht an och eis an hire Regiounen wëllkomm heeschen. Si maachen all eng formidable Aarbecht an dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass d'Regierung dem Tourismussecteur hëllef, dat, wat en all déi Joren opgebaut huet, erëm un d'Rullen ze kréien an dass et him geléngt, erëm u seng Erfolleger vu virun der Pandemie unzeknäppen.

Här President, ech wëll an deem Debat och eng Kéier d'Initiative vun deene fënnf LEADER-Regiounen (ndlr: LEADER steet fir „Liaison Entre Actions de Développement de l'Économie Rurale“) ervirhiewen, déi net onweesentlech fir d'Entwécklung vum Tourismus hei zu Lëtzebuerg sinn. Och wann d'LEADER-Regiounen, déi mat europäesche Gelder iwwert de Landwirtschaftsministère finanziert ginn, éischter d'Zil hunn, de ländleche Raum weiderzuentwéckelen, spille si awer och eng ganz wichteg Roll, fir d'Tourismusoffer am ländleche Raum méi attraktiv ze gestalten. Si investéieren virun allem an innovativ Projeten, déi um Enn net nëmme den Awunner, mee eeben och dem Tourist, deen op Besuch kënnt, zeguttkommen.

Déi europäesch Initiativ LEADER huet d'lescht Joer hiren 30. Anniversaire gefeiert. Während där Zäit konnte 575 Projeten a 60 Gemenge realiséiert ginn. 46,2 Milliounen Euro sinn a Projete säitdeem investéiert ginn, déi an enker Kollaboratioun mat Gemengen oder Awunner ganz nom Prinzip Bottom-up ëmgesat gi sinn. D'Zil vun der Initiativ LEADER ass et virun allem, an d'Kreativitéit an an d'Iddie vun de Leit ze investéieren an net an d'Infrastrukturen.

Sou konnt schonn eng ganz Rei Projeten, déi och eng Plus-value fir d'Touriste schafen, ëmgesat ginn. Zum Beispill de Wanderwee Mëllerdall Trail, d'Lauschtouren am Miselerland an d'Entwécklung vun deenen éischte Mountainbikepisten am Éislek si just dräi LEADER-Projeten, déi ëmgesat goufen an domat déi touristesch Offer hei am Land beräicheren.

Och hunn déi verschidde LEADER-Regiounen weesentlech matgeholf, d'Naturparken ze schafen, déi haut en Argument fir den Tourist aus dem Ausland sinn, fir an dës Regiounen ze reesen. Deemo ass et wichteg, dass d'LEADER-Regiounen och mat deem neien Agrargesetz, dat 2023 a Kraaft soll treden, weiderhin déi néideg finanziell Ënnerstëtzung kréien, fir de ländleche Raum weiderzuentwéckelen an domat och d'Offer fir d'Touristen ze erweideren.

Här President, mir hu schonn oft heibannen driwwer geschwat, dass mer grad am ländleche Raum Problemer hunn, dass ëmmer méi Hoteller verschwannen oder net iwwerholl ginn. 1995 gouf et am Éislek nach 127 Hoteller, haut sinn et der manner wéi d'Hallschent. Am Mëllerdall ass d'Zuel vun 78 op 28 Hoteller zrëckgaangen. Eng rezent Etüd vum LEADER huet déi alarmant Tendenz am Mëllerdall confirméiert: Iwwer 70 % vun den Hotelieren a Campingbesëtzer mussen an deenen nächste véier Joer e Successeur fannen an dat ass enorm.

An deem Kontext hat de Minister eng Kéier heibanne gesot, dass hien e Groupe de travail en place gesat hätt, dee sech mat där Problematik géif beschäftegen

an no Léisunge mat de concernéierte Betriber géif sichen. Ech wollt de Minister froen, wou dës Groupe de travail mat sengen Aarbechten drun ass? Konnten hei scho positiv Konklusione gezu ginn, wéi een déi Problematik an Zukunft ugoe kann?

Doriwwer eraus sot de Minister eis awer och, dass et Plaze gëtt, wou et Demandé gëtt, fir nei Hoteller, Giten oder Aubergë kënnen ze maachen. Vläch kann de Minister eis och soen, ob d'Pandemie dës Nofro beaflosst huet oder ob nei Projeten, wat d'Iwwernuechtungsméiglechkeete betrëfft, an de Startlächer stinn.

Här President, ech hu grad iwwert d'Iwwernuechtungsméiglechkeete geschwat. Déi si wichteg, fir dass iwwerhaupt Leit op Lëtzebuerg kommen an hir Vakanz hei verbréngen kënnen, well eng Destinatioun nëmme esou attraktiv ass wéi och hir Offer un Hoteller an Hebergementer. An deem Sënn wollt ech de Minister froen, wéi et mat Iwwernuechtungsméiglechkeete weidergeet, déi iwwer Onlineplattformen vu private Leit ugebuede ginn. A wéi engem Zäitraum wäert do de legale Kader kommen a weess de Minister, wéi vill Iwwernuechtungsméiglechkeeten op deem Wee iwwerhaupt hei zu Lëtzebuerg ugebuede ginn? Ech weess, dass mer de Sujet an der leschter Mëttelstandskommissioun haten, mee vläch kann de Minister haut hei nach eng Kéier dorop agoen an dorop, wéi hie virun allem och den Timing do gesäit.

Här President, ech hat et virun ugesprach: De Koalitionsaccord gesäit och eng Strategie vir, fir de Kongresstourismus ze stäerken. D'Zil war et, Lëtzebuerg als eng vun den Top 50 internationale Kongressdestinatiounen ze etabléieren. Laut Etüd gëtt nämlech de Kongresstourist dräimol méi Suen aus wéi en Tourist, deen op Lëtzebuerg kënnt, fir seng Fräizäit ze verbréngen. Deen neie Luxembourg Convention Bureau, dee kuerz virun der Pandemie gegrënnt ginn ass, sollt hëllefen, dëst Zil ze erreechen, mee hat natierlech duerch d'Pandemie do net déi beschten Ausgangspositioun.

De Kongresstourismus war deen éischten, dee vun der Pandemie betraff war, a wäert nach vill Zäit brauchen, fir sech ze erhuelen. Des Weideren huet dee Secteur sech verännert. D'Warscheinlechkeet ass grouss, dass digital Kongresser, virtuell Foiren oder Webinare fir vill Betriber och no der Pandemie Realitéit sinn. Och wann et net esou attraktiv ass, ass et awer manner zäit- a käschtenintensiv. Dofir ass et wichteg ze wëssen, wéi et weidergeet. Bleift den Ausbau vum MICE-Tourismus eent vun de groussen Ziler vun der Tourismuspolitik hei zu Lëtzebuerg oder muss mer konsequent ëmdenken an nei Weeër goen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Minister huet virun e puer Wochen an engem Interview gesot, dass et dëst Joer Hoffnung gëtt, nees an eng Situatioun wéi virun der Kris ze kommen. Et schéngt, wéi wann et den Tourismusbetriber esou lues nees besser geet. De Besoin u staatlechen Hëllef fir de Secteur hëlt of. Esou sinn zum Beispill d'Demandé fir d'Aide de relance staark zrëckgaangen. Am Mäerz waren et 80 Demanden, am Géigesaz zu 1.500 Demandé während dem Héichpunkt vun der Pandemie.

D'Tourismussaison huet gutt ugefaangen an d'Reservatiounszuelen an den Hoteller klammen nees. Vill Leit komme sech Lëtzebuerg ukucken. D'Ufro fir Iwwernuechtungen klammen, d'Camping si ganz gutt an déi nei Saison gestart. Am Géigesaz zu deenen zwee leschte Coronajoren, wou d'Leit oft kuerzfristeg gebucht hunn, ginn d'Sommerreservatiounen dëst Joer nees méi wäit am Viraus gebucht. Wat de Businessstourismus ugeet, gëtt et nach vill Spott no uenen. Och wann d'Unzuel vu klengen Konferenzen

a Meetings nees klëmmt, ass dat nach net de Fall fir grouss Konferenzen an Evenementer. D'Acteuren aus dem Tourismussecteur sinn deemno positiv agestallt fir dës Saison.

Här President, den Tourismus huet hei zu Lëtzebuerg e grouse wirtschaftlechen a sozialen Impakt. E schafft ganz vill Aarbechtsplazen a verbessert gläichzäitig d'Liewensqualitéit vun eiser Gesellschaft. Eist Zil muss et sinn, dass eisen Tourismus wéi virun der Pandemie erëm Rekordzuele schreift. Mir sinn eis a virun allem och de Leit aus deem Secteur, de Betriber, deene ville Salariéen a Benevollen et schëlleg, den Tourismus no der Pandemie net am Stach ze loos- sen, ze hëllefen, erëm dat opzebauen, wat si geschaf hunn, an domat den Tourismus erëm zu engem wichtege Pilier vun eiser Wirtschaft ze maachen.

An domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Burton. An da geet et vun der Musel bis ganz uewen an d'Éislek mam honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

**M. Jeff Engelen (ADR)** | Wat gelift?

**Une voix** | Dir waart awer och schonn op der Musel?

**M. Jeff Engelen (ADR)** | Jo. Wien net?

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Gitt alles!

**M. Jeff Engelen (ADR)** | Mir ware schonn iwwerall, jo. Sou, bon. Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänke wëll ech der Madamm Stéphanie Empain en härezeleche Merci ausschwatze fir dës Interpellatioun.

D'Covidkris vun de leschten zwee Joer huet den Tourismussecteur besonnesch haart getraff. Dese Secteur huet nach just begrenzt kënnen schaffen. Mir mussen Léieren aus dëser Kris zéien a mir mussen eis iwwerleeën, wéi mer de Lëtzebuerger Tourismussecteur an Zukunft op méi stabill Bee stelle kënnen.

Den Horeca-Secteur, dee jo d'Basis ass vum Tourismussecteur, war keen Hotspot fir Ustiechungen. Restaurants, Cafén an Hotellerie hate sech souguer opwändegt Material ugeschaf wéi zum Beispill Plexiglas, manner Dëscher, fir dann trotzdem gesot ze kréien, dass se net däreft weiderschaffen. Hei hu mer e ganzen Aarbechtssecteur – wann een esou wëllt soen – widdert d'Mauer gefuer. Mee dank staatlecher Hëllef konnt dat awer deels ofgefiedert ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Jeff Engelen (ADR)** | Sollt et jeemools zu weidere sanitäre Krisen kommen, wat mer all net hoffen, muss d'Politik méi kohärent ginn. Domadder mengen ech, dass d'Politik bei den Decisiounen, déi se hëlt, oppasse muss, wéi déi geholl ginn, an déi mussen ëmmer, besonnesch dann, an der sanitärer Noutwendegkeet geholl ginn, net einfach esou.

Dee klengen, onsiichtbare Virus huet vill Leit veronschéert an dës Veronschéierung iwwerdréit sech a ville Secteuren nach bis haut. Kuerz gesot: Ganz vill Leit hunn haut nach Angst virun dësem Virus an dat mécht et schwéier fir d'Zukunft.

Wa Lëtzebuerg fir d'Touriste soll attraktiv sinn, da mussen mer virun allem derfir suergen, dass de Wee op Lëtzebuerg fir eis Gäscht agreabel, onkomplizéiert an och leeschtbar ass. Duerfir hale mer als ADR näischt vun der Diskussioun, fir zum Beispill d'Fléien zousätzlech nach méi deier ze maachen. Mir géifen domadder an eng Situatioun geroden, an där d'Reise via Fliger op Lëtzebuerg sech just nach op déi gutt be- tuucht Clientèle géif beschränken.

An der Statistik aus dem Joer 2020 fält awer och op, dass eis däitsch Gäscht no Holland an no der Belsch mat vill Ofstand just nach déi drëtt Plaz beleeden, wat touristesch Reesen op Lëtzebuerg ueget. Dës Feststellung, dass net allze vill däitsch Touristen op Lëtzebuerg kommen, misst eis jo dann derzou beweegen, fir weesentlech méi Promotioun an Däitschland ze maachen. Wéi dat geet, gëtt ons vun engem Geschäftsmann am Norde vum Land ganz erfollegräich virgemaach.

Mir mussen eis och iwwerleeën, wéi mer den däitsche Verkéiersreseau besser u Lëtzebuerg ubanne kënnen. Wien zum Beispill mam Zuch vu Lëtzebuerg op Saarbrücken reese wëll, muss dräi bis véier Stonnen arechnen.

Erlaabt mer nach, méi genee op d'Diskussioun ëm de finanziellen Aspekt vum Tourismus anzegoen. Lëtzebuerg muss sech esou opstellen, dass et keng sozial Diskriminierung beim Reese gëtt. Natierlech solle mer eng grouss Offer u qualitativ héichwäertegen Hoteller hunn. Mir dierfen an deem Kontext awer och déi kleng Leit mam klengen Portmonni net vergiessen an där gëtt et leider ëmmer méi. Zum Beispill beim Implantéieren vu Jugendherbergen ass an deem Kontext nach vill Loft no uewen. Et fält op, dass mer am Kanton Clief wuel Hoteller hunn, dass déi awer och leider zrëckginn, a souguer e Fënnestärenhotel hu mer. Eng Jugendherberg – ech denken do u Clief selwer – feelt awer nach ëmmer.

Tourismus ass ëmmer enk verbonne mat der kultureller Offer. Och hei mussen mer oppassen, dass Kultur a kulturell Aktivitéiten net automatesch en décke Portmonni viraussetzen.

Zu Lëtzebuerg ass och de Campingtourismus nach ëmmer beléift, obschonn mer déi lescht 20 Joer hei e Réckgang hate vu ronn 40 Campingsbetriber. Hei misst emol Ursacheversuchung gemaach ginn, firwat mer dës Campinge verluer hunn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir schwätzen haut vun den Auswierkunge vun enger Kris op den Tourismussecteur. Elo goug et nach ëm d'Covidkris, mee aner Krisen komme bestëmmt. Och de Krich an der Ukrain ka sech, wat déi finanziell Ofsecherung vun de Leit ueget, zu enger echter Kris entwéckelen. Wann eng Gesellschaft Krisen erlieft, heescht dat och ëmmer, dass en Deel vu senge Bierger, déi finanziell net um ieweschte Wupp sinn, dreet, méi aarm ze ginn. Als ADR setze mir eis an eiser gesamter Politik derfir an, fir dës Entwécklungen ofzefiedere. Eist Land muss sech esou ausrichten, fir et fir eis finanziell mannerbemëttelt Gäscht attraktiv ze maachen, hir Vakanz bei eis ze verbréngen.

Duerfir mussen mer och reegelméisseg investéieren, zum Beispill a Campingen, fir déi attraktiv ze maachen. Jonker, eeler Leit, Leit mat Kanner mussen eng schéi Vakanz och um Camping verbréngen kënnen, wou si eis schéin Natur- a Kulturlandschaften genéisse kënnen.

An deem Kontext begrësse mer och all déi Efforten, déi an de leschte Jore gemaach goufen, fir zum Beispill eis Wanderweeër attraktiv ze gestalten an esou ze beschëlderen, dass se einfach ze suivéieren sinn. Dat selwecht gëllt och fir eis Vélosweeër, woubäi mer allerdéngs nach un engem zesummenhängenden Netz schaffen mussen.

An deem Kontext muss een och vläicht nach méi kan- nerfrëndlech ginn. Well wa Famille mat Kanner kommen, esou muss ee wëssen, dass dës Kanner d'Gäsch- tuen muer kënnen sinn. Hei gesi mer nach Loft no ue- wen, well d'Kanner interesséiert sech virrangeg net fir eis Kultur, Muséeën an esou weider, mee Kanner hunn deelweis aner Interessien.

Lëtzebuerg muss och a senger Aussenduerstellung méi attraktiv ginn. Scho viru Joren hat d'ADR drop opmierksam gemaach, fir scho beim Ukommen vun eisen auslännesche Gäschten e positivt Bild vu Lëtze- buerg ze promovéieren. Um Findel an op de grouse Garen ass an deem Sënn nach Loft no uewen, fir eise Gäschten e positiven éischten Androck vun eisem Länd- chen ze ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Jeff Engelen (ADR)** | Ech wëllt dann och eng Klammer opmaachen an nach eemol rappeléieren, dass mer als Land just da bei den Touristen positiv am Gediechtnes bleiwen, wa mer hinnen och weisen, wéi mer sinn. Si solle sech kënnen e Bild maache vun ei- ser Kultur, eisen Traditiounen, eiser Sprooch an eise Bräich.

**Une voix** | Très bien!

**M. Jeff Engelen (ADR)** | Dat gëllt awer och beson- nesch fir eis regional Produkter.

Nach ee Wuert zum Kongresstourismus: Duerch d'Covidkris ass et derzou komm, dass vill perséinlech Interaktiounen just nach iwwer den digitale Wee statt- fonnt hunn. Mir mussen gutt oppassen, dass sech dës Form vum Zesummekommen net op eng ongesond Aart a Weis normaliséiert. Et muss bei Kongresser a Businessveranstaltungen weiderhin attraktiv bleiwen, dass sech d'Leit en präsentiel gesinn. Eis Hoteller hunn an deem Kontext awer eng gutt Aarbecht ge- maach, fir attraktiv Business- a Kongressméiglech- keeten ze offrëieren.

Och wär et ubruecht, am Kader vu Kongresser Visi- ten unzebidden. Déi meescht si jo ëmmerhin an der Stad. Dacks ass et jo vun hei nëmmen e Kasesprong an aner Regiounen. Ech denken do zum Beispill un d'Musel mam Önotourismus. Ech mengen, do wiere ganz flott Offerten ze offrëieren an esou weider. Där hu mer jo nach am Land.

Erlaabt mer, nach e Wuert zum Bannentourismus ze soen. Wann een an enger Krisensituatioun iwwerhaapt ka vu Virdeeler schwätzen, dann hate mer zumindest déi Chance, dass vill Lëtzebuerger hiert eegent Land besser kennegeléiert hunn, well si eeben net konnten a wollt wäit verreisen. D'Initiativ vun de Bonge war duerfir sënnavoll a gutt. Et soll een dës Iddi och net ze déif begrüen. Wie weess, vläicht kann een nach emol drop zrëckkommen.

Jo, et bleift och nach Loft no uewen, wa mer de Lëtze- buerger vermëttele sollen, wéi schéi Lëtzebuerg ass. Fir de Minetter ass sécherlech am Éislek nach ëmmer vill ze entdecken an ëmgedréint och. Vakanz doheem muss fir eis Bierger eng wierklech Alternativ sinn. An do kann d'Offer vun engem Weekendtouris- mus a Form vu Packagen e Facteur sinn, dee mer mussen iwwerdenken an hei kéinte mer d'Gastrono- mie d'ganzt Joer iwwer mat Gäschten beräicheren. Ech mengen, do misst een och eng Kéier driwwer noden- ken, fir an deem Beräich Offerten auszeschaffen.

Ganz zum Schluss: D'Tourismusofferte gëtt gedroe vu villen Acteuren, ugefaange bei de Syndikater, iwwer den Horeca, d'Gemengen, d'ORTE bis hin zu Ministè- ren an esou weider. Et sinn där ganz vill an et ass och wichteg, dass dës all matenee schaffen. An duerfir soe mer hinnen och allen en härezeleche Merci.

An domadder wär ech och da beim Merci fir Äert No- lauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Gär geschitt!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Engelen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass



déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, der Madamm Empain e Merci fir déi Interpellatioun, déi jo no laangem Waarden elo endlech zäitgläich mat der Broschür vun der neier Tourismusstrategie konnt hei virgestallt ginn. Wat en Zoufall, géif ee bal mengen!

Ech muss éierlech soen, datt ech mech bei der Lektür vun der neier Tourismusstrategie e bësse schwéiergedoen hunn. Streckeweis liest sech dat wéi en Handout vun engem Professor op enger däitscher Tourismusheischoul, wat och net verwonnerlech ass, well d'Dokument jo och vun enger däitscher Consultingfirma geschriwwen gouf. Doranner ginn e bëssen déi theoreetesche Konzepter vun der Tourismusforschung erkläert, sou wéi se aktuell am däitschsprachigen Raum diskutéiert ginn. An déi theoreetesche Konzepter ginn dann iergendwéi op de Lëtzebuerger Kontext ugewannt. Konkreet Aktiounspiste fënnt een nëmmen no laanger Sich. Dës Strategie ass also – sou zumindest mäin Androck – net wierklech operationell.

Ech wëll mech awer hei net laang mat Kritik un deem Dokument ophalen, mee virun allem ee vun de weënige Punkten eraushuelen, déi ech ganz interessant fannen.

**Une voix** | Très bien!

(Interruption)

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | O, Dir sidd ëmmer esou beträff, wann ech eppes soen. Et deet mer leed, dat ass meng Aschätzung.

An zwar geet et do ëm dat, wat an deem Dokument als „Lebensraumgestaltung“ bezeechent gëtt a wat vläicht iwwerens – dat just a Klammeren – e bëssen en ongléckleche Begrëff ass am däitsche Kontext. Ech zitieren: „Der ganzheitliche Ansatz eines Lebens-, Erholungs- und Arbeitsraums, in dem man gut leben und arbeiten sowie attraktiven Freizeit- und Urlaubsaktivitäten nachgehen kann, sollte künftig bei der Angebotsgestaltung und -vermarktung verstärkt mitgedacht werden.“

Ech mengen, datt déi Iddi dohannert ganz interessant ass, nämlech datt een Tourismus net just als Angebot un auslännesch Gästcher dierf gesinn a plangen, mee datt een dat méi muss am Kontext vun der genereller Liewensqualitéit hei zu Lëtzebuerg gesinn. Oder anescht ausgedréckt: Wa sech déi Lëtzebuerger Residenten an d'Frontalieren hei wuel spieren, da spiere sech och d'Touristen wuel. Beispillsweis ass eng Stad, déi verkäiersberouegt ass, déi fir Foussgänger a Vëloen attraktiv ass a wou vill Gréngflächen amenagéiert goufen, och gläichzäiteg vill méi attraktiv fir Touristen.

Zweetens liesen ech doraus, datt een den Tourismus net méi reng als ekonomesche Facteur dierf gesinn, esou wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war, nom Motto: „Mir müssen iergendwéi d'Hoteller voll kréien!“ Villméi muss den Tourismus sech aschreiben an eng ganzheetlech Demarche vun der Verbesserung vun der Liewensqualitéit. Eng verbessert Liewensqualitéit hëlleft dem Tourismus an den Tourismus kann zu enger Erhéijung vun der Liewensqualitéit vun de Residenten bäidroen.

Drëttes heescht dat a mengen Aen awer och, datt d'Offer muss geneesou attraktiv si fir d'Residenten a fir d'Frontaliere wéi fir d'Touristen. Initiativen am Tourismusberäich, d'Fräizäitangebot oder d'Informationspolitik muss sech geneesou an déi lokal Bevëlkerung riichte wéi un déi auslännesch Visiteuren. Den Tourismus am eegene Land förderen, dat ass sécher eng Pist, där ee muss verstärkt nogoen. Et kann ee

sech och also bei der Gestaltung vun enger neier Offer duerchaus an éischer Linn no de Besoine vun der lokaler Bevëlkerung riichten, wëssend, dass dat da parallel och dem auslänneschen Tourismus zeguttkënn.

Doraus ergëtt sech, dass d'Politik am Beräich vum Tourismus muss iwwer hire spezifesch Objet erausgoen a ressortiwwergräifend Usätz unhuelen. Dat ass sécher deelweis schonn de Fall, mee ech mengen, dass een dat net genuch kann ënnersträichen. Et muss vläicht nach méi Synergie gesicht gi mat anere Ministere an de Gemengen, och aktiv vusaite vun der Direction du tourisme.

Der Madamm Hartmann hire Weekender mam Flieger setzen ech dann den Zuch entgéint, well hei kann ee vill méi ëmweltschonend a flott reesen, wann dann international Zich och hei op Lëtzebuerg kommen! Do kéint eng Synergie mam Transportminister a mat auslännesche Ministere ganz gutt ukommen.

Loosst mech awer och dës Geleeënheet notzen, fir nach eng aner Fro ze thematiséieren, nämlech déi vun den digitale Sharingplattformen am Beräich vun der Locatioun, Stil Airbnb. Déi international Zuele weisen, dass d'Iwwernuechtungen bei Airbnb staark klammen, an et ass relativ kloer, dass Airbnb a Konsorten e groussen Impakt op den Tourismus generell, mee speziell och op déi traditionell Hoteltreiber a Jugendherbergen hunn. Et ass natierlech eng Form vun deloyaler Konkurrenz géigeniwwer vun den Hotelier, well hei d'Ubiddere net deene selwechten Oplagen ënnerleien a sozialer an ekologescher Hisiicht a bei de Sécherheetsmesuren, mee virun allem awer och a steierlecher Hisiicht. Dat gëtt jo och vun de Proprietäre meeschtens als Revenu locatif deklaréiert, dee jo hei zu Lëtzebuerg steierlech immens bevirdeelt ass. En zimmleche Flou artistique gëtt et och aktuell bei der TVA.

Fir eis ass dat e Punkt, dee generell misst schnell an Ugrëff geholl ginn, esou wéi dat jo och bei eisen Nopschlänner deelweis scho geschitt ass, net nëmmen aus der Perspektiv vum Tourismus an den Tourismusbetreiber, mee och aus der Perspektiv vun der Logementskris – woubäi mir jo wierklech op déi Logementer do ugewise wäeren –, woumadder mir jo erëm bei der genereller Liewensqualitéit ukomm sinn.

Ëmsou méi erstaunt si mir, dass d'Regierung hei einfach nach net aktiv ginn ass, obwuel et explizit esou am Koalitionssoffkomm festgehal gëtt! Do steet jo klipp a kloer dran, dass fir déi Internetplattformen e spezielle legale Kader soll geschafe ginn, fir, ech zitieren, „eng deloyal Konkurrenz fir déi traditionell Betreiber an eng Erosioun vun den ekologeschen a soziale Standarden ze verhënneren“. Vläch kann den Här Tourismusminister jo do nach e bësse méi Drock maachen. Ech weess nämlech, dass do eppes an der Maach ass. Am Endeffekt gi jo awer do vill Steiergelder verluer.

**M. Lex Delles**, Ministere du Tourisme | Et ass deposéiert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ass et deposéiert? Ma super! Da wäerte mer dat jo hoffentlech geschwënn diskutéieren.

**M. Lex Delles**, Ministere du Tourisme | Mir hunn an der Kommissioun schonn driwwer geschwat.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, mir hate jo eng Kéier driwwer geschwat, awer nach net op dem deposéierten Text.

**M. Lex Delles**, Ministere du Tourisme | Dach.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Dach? War dat den Text?

**M. Lex Delles**, Ministere du Tourisme | Dach, den Text ass do, en ass deposéiert. En ass beim Staatsrot. Mee bon, ech kommen duerno drop zrëck.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Maja, en ass beim Staatsrot, jo, jo. Datt mer driwwer diskutéieren kënnen, fir hei ofzestëmmen. Ech hoffen, datt dat dann elo zimmleche séier geet.

Voilà. Merci fir d'Nolauschteren. Dat war et och scho vu menger Sait.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Tourismus ass e ganz interessant Thema. Virun allem hutt Dir elo gesot, et wier elo e Joer hier, dass Der d'Demande gemaach hutt. Elo hate mer dann e Joer méi Zäit, fir den Tourismus zu Lëtzebuerg ze entdecken a flott Plazen ze fannen.

Sécherlech huet Corona e groussen Impakt gehat, an d'Angst ass bei de Leit och nach ëmmer do. Ech mengen, et dierf een net soen, dass op eemol Corona scho fort wär. Am Contraire, d'Leit – dat soen d'Statistiken ganz kloer – buche vill méi kuerzfristeg. Se hunn en anert Buchungsverhalen, wéi se dat nach virun der Pandemie haten. An dat ass sécherlech och eng Erausforderung fir eis touristesch Betreiber, wa se méi kuerzfristeg Clienten kréien, wéi dat fréier vläch war, wéi dat Tradition war, sechs, siwe Méint am Virus d'Reese schonn ze buchen.

Tourismus sinn net eleng déi Leit, déi um Tourismus direkt bedeelegt sinn, mee och alleguerten d'Liewerketten, d'Lieweranten, de Wäin, d'Essen, d'Miwwelen, all Méigleches, dat am Tourismus e ganz groussen Impakt huet. Wann den Tourismus méi lues dréit, hunn och eis Wënzer, eis Metzleren, eis Betreiber manner Clienten, un déi se hir Produite kënnen verkaufen.

Jo, am Moment héiert een an der Press iwwerall, dass en neien Trend do ass, fir elo schnell fortzeleien. Et gesäit een iwwerall, dass d'Flughäfen ... Ech mengen, dës Woch waren nach ... de leschte Weekend gouf et souguer Flughäfen am Ausland, déi hu missen zougemach ginn, se hu keng Leit méi akzeptéiert, esou ill Leit wollten elo no Corona fortleien.

Dat ass natierlech elo eng grouss Erausforderung fir Länner wéi Lëtzebuerg, well mir wëlle jo eigentlech, dass d'Leit sollen heihinnerkommen oder heibleiwen, déi hei si fir den Tourismus. Dat ass elo fir eis déi grouss Erausforderung, woubäi ee muss soen: Déi Leit, déi am Summer vläch elo e bësse méi wäit fortleien oder -fueren, kommen awer zu aneren Zäiten, wou de Weekend vläch méi kuerz ass, aus aneren europäesche Länner heihinner.

Viru kuerzem hate mer eng Kommissiounssetzung, woubäi ech de Minister gefrot hat, fir dass e sollt dohinner kommen an e bëssen e Status maachen, wat am Moment an der ganzer Branche vum Tourismus zu Lëtzebuerg leeft. An dee Feedback war ganz positiv, d'Zuelen, déi mer do presentéiert kritt hunn. D'Buchungen ginn an d'Luucht. Déi meescht Fierme si mat den Hëllef, déi d'Chamber decidéiert huet, iwwert d'Ronne komm, soudass mer zu Lëtzebuerg net, wéi an anere Länner, den Tourismus an eng Kris geheet hunn.

Ech fänken awer nach beim Findel un, well dat eis grouss Agangsdier ass an ech do de Potenzial gesi virun allem fir déi Leit, déi erakommen, net déi Leit, déi sollen erausleien. Am Moment ass et esou, dass awer de Marketing méi drop läit, wou een hifléie kann, wéi dass de Marketing drop läit, dass een

inbound ass an dass dann d'Luxair d'Passagéier heihinnerbréngt.

An do ass eeben d'Fro un de Minister, wéi eis Pub am Moment opgestallt ass am Ausland. Ech hunn elo virdu VisitLuxembourg gekuckt. Ech verstinn, dass et am Moment just a véier Sproochen ass, Englesch ass sécherlech déi wichtegst, mee wann ech awer Visit vun anere Stied kucken, do sinn Italieenesch, Spue-nesch, allméiglech Sproochen derbäi, fir déi Leit awer unzezielen. An dat géif sécherlech och dem Findel hëllef.

Wat mer als Piraten awer ganz kritesch gesinn um Findel, dat sinn déi ganz Low-Cost-Geschichten, déi och eiser nationaler Fluchgesellschaft Konkurrenz maachen, an da meeschtens och nach duerch dubios Staatshëllef. Huele mer elo d'Volotea, déi dann einfach higeet a Milliounen vum Staat kritt huet a Spuenien, awer dann hei Zweek-Euro-Ticketen ubitt, wat souguer nach ënnert den Taxen ass, wat eigentlech misst verbuede sinn! An dat ass wierklech en Thema, dat een eng Kéier muss opgräifen, well mir müssen oppassen, dass eis national Fluchgesellschaft net ze vill ënner Drock geréit duerch esou Praktiken aus dem Ausland.

Et kéint een och elo nach easyJet, Ryanair, allegueren déi nennen. Op där anerer Säit sinn déi allegueren awer och fragwierdeg Praktiken, wat d'sozial Mesuren ubelaangt, virun allem am Aarbechtsrecht. Soudass mer do am Tourismus oppasse sollten, well wann d'Luxair eng Kéier an d'Strüewele géif kommen, dann hu mir e ganz grouse Problem hei am Tourismus, soudass mer dat virdu scho reegele sollten.

Dofir wäerte mir Piraten och e Gesetzestext deposéieren, dee géif virschreien, dass een net méi dierf zu Lëtzebuerg Ticketen ënnert den Taxe verkafen, dat aus dem sozialen Aspekt, awer och aus dem Ëmweltschutz. Ech hat dat schonn e puermol hei ugedeit a mir sinn elo amgaangen, deen Text ze schreiwen, dass een net méi dierf ënnert den Taxe fléien an och net méi ënnert den Entsteungskäschten.

Dann zum Bus an Zuch. Mam Zuch mengen ech elo net de flotten touristeschen Train 1900 an der Gemeng Péiteng an Déifferdeng, mee den Zuch, mat deem een heihinner ka kommen, woumat een zweifelsweis och ka fortfuere. Mee ech hunn natierlech léiwer, d'Leit kommen heihinner a se kënnen dann herno hiert Geld hei an eiser Ekonomie ausginn.

Mee, do hunn ech dann e bësse gekuckt, wann ech dann elo Tourist wär am Ausland. Ech hu leider keng Busentreprise fonnt, déi iergendwellech Reesen ubidden op Lëtzebuerg. Dat ass am Internet quasi inexistent. Et si ganz vill Busentreprisen, déi vu Lëtzebuerg eraus eppes ubidden, mee awer fir op Lëtzebuerg elo Linne gëtt et quasi keng. Esou wéi mir et hei kennen, dass ee Kataloge kritt, wou een an d'Alpe ka fueren oder soss enzwoosch, hunn ech elo um Internet net fonnt, fir dass een dat kéint spontan op Lëtzebuerg buchen, also Busreesen, déi explizitt op Lëtzebuerg fueren. Et gëtt der ganz vill, déi virun allem mat asiatesche Clienten duerch Lëtzebuerg fueren an da ganz kuerz hei sinn, eng Foto maachen an net wierklech eppes an der Ekonomie loossen. Mee där, déi awer e puer Deeg heibleiwen, gëtt et der leider nach ze wéineng.

Dann op d'Musel, wou ech dëse Weekend en Tierche maache war. Do sinn et d'Schëffer, déi sécherlech touristesch Attraktiounen sinn. An ech muss och soen: Dat ass och an der Groussregioun sécherlech ee vun den Highlighten, wann een op der Musel ka fueren an dann do an engems och eng Schëfffaart ka matmaachen.

**M. André Bauler (DP)** | Dir kennt Iech jo gutt domadder aus.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Jo, mir Piraten kennen eis gutt mat der Schëfffaart aus. Dat ass richtig, Här Bauler.

*(Hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | An Dir plangt et och.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Jo. An do wollt ech de Minister froen ... Ech hat elo an e puer Zeitunge gelies, an de Gemengeréit an der Regioun vun der Musel, dass mir elo eist aalt Marie-Astrid – ech mengen, dat ass dat bekanntste Schëff; dozou ware jo och Question-parlementairen – och erëm zrëck géifen huelen, op deem de Schengener Accord ënnerschrifwe ginn ass, mee dass elo mat deem aktuelle Marie-Astrid Defizit gemaach gi wär an dass d'Gemengen do hätte misse Budget nostëmme. Ob de Minister do e puer Explikatiounen huet an ob vläicht déi Hëllef, déi d'Marie-Astrid deementspriedend krut – ech froen Iech, ob dat keng Privatentreprise ass, mee staatlech, gemenglech matfinanziert ass –, duergaange si während der Kris, fir dass d'Marie-Astrid awer elo stabil dosteet a stabil an d'Zukunft geet.

An da wollt ech och froen, wéi et mat der Infrastruktur ass fir allgemeng Schëffsbetreiber, fir dass déi kënnen touristesch hei zu Lëtzebuerg uleeën. Zum Beispill feelt zu Réimech en Terminal, fir Toilette propper ze maachen. Dat ass elo e klengt Beispill. Wann do en auslännescht Schëff géif kommen, ass keen Terminal do, wou déi kéinten d'Toilette propper maachen. Et si Klenggekeeten, mee trotzdem: Déi Schëffer, déi um Rhain oder esou fueren, kéinten dann net heihinnerkommen, well déi Infrastruktur einfach net do ass. Dat sinn esou Detailler, déi mer heiansdo bräichten, fir awer kënnen méi Touristen unzezielen.

Dann d'international Vermaartung. Mir hu mat déi schéinste Schlässer a Buerger, sou wéi de Minister se international an der Vermaartung ugebueden huet, well dat awer sécherlech mat eng vun eise Kärkompetenzen ass, mat där mer kënnen Touristen heihinnerlackelen, well dat awer eppes Eemoleges ass, dat an der Groussregioun esou net ze fannen ass.

Dann eppes ganz Positives, dat ass déi Luxembourg-Card. Do sinn am Moment 90 Plazen drop. Do keeft een eng Kaart op VisitLuxembourg an da kann ee Visite maache vun esou vill Muséeën, Schlässer an allem, an dat ass alles inclus. Ob de Minister do gedenkt, déi nach weider auszebauen, well dat eigentlech e ganz flotte Projet ass. An do si sécherlech an den eenzele Gemengen nach Méiglechkeeten, fir déi och matanzebauen. Wéi dat wäert goen.

Esch2022 ass sécherlech och eng Chance fir den Tourismus. Mir sinn elo matzen dran. Ob de Minister do schonn e puer Resultater oder Feedbacke krut, wéi Esch2022 sech op den Tourismus grad am Süden ausgewierkt huet.

Dann ass en neit Gesetz an der Maach fir Elektroborren, virun allem wat d'Firmen ubelaangt. Dat war elo déi leschte Kéier an der Energiekommissioun. An et ass mir scho geschitt, dass, wann ech an d'Ausland fueren, da bidden d'Hoteller do gratis Stroum un, fir den Auto ze lueden. An zu Lëtzebuerg, wann ech dat neit Gesetz awer interpretéieren, an et hëlt een déi Hëllef vum Staat, ass dat net méiglech. Da muss een iwwert de Chargy-System fueren. Dat heescht, eis Hoteller kéinten déi Offer deementspriedend net ubidden, wat ech immens schued géif fannen, well awer dat eng Attraktioun ass fir d'Clienten. Si bezuele jo d'Zëmmer, se consomméieren do, a wann een dann eng Elektroborn ... Also ech hu se genotzt an deenen

Hoteller, well da fiert ee quasi gratis dohinner an da kann een do säin Auto lueden an den Hoteller.

Lëtzebuerg kéint dat mat deem neie Subsid net ubidden, hunn ech mer an der Energiekommissioun soe gelooss, well ech genau dat nogefrot hat mat de Chargyen. Wann een esou eng Born baut an déi public ass, muss se am Chargy-Réseau sinn. Dat heescht, et muss een déi 40 Cent facturéieren. Dat wär schued fir den Tourismus hei am Land.

D'Präisser allgemeng wäerten duerch d'Inflatioun eropgoen. Do huet de Minister sécherlech och scho Feedback kritt, well ech huelen och un, d'Hotelszëmmeren, d'Essen, all Méiglech wäert och zu Lëtzebuerg eropgoen. Do kënt Dir vläicht e puer Erklärungen ginn, wéi mer awer do zu der Groussregioun stinn. An ech mengen, mir bidde jo awer eng besonnesch Qualitéit un. Ech weess, dass een zu Lëtzebuerg net dee präiswäertesten Tourismus wäert kënnen ubidden, mee mir hunn de qualitativen. An dofir wëll ech och jidderengem Merci soen, deen am Tourismus schafft, well ouni si kéinte mer haut net diskutéieren, dass den Tourismus esou staark ass. An ech weess, do si Leit, déi schaffe ganz vill Nuechten, ganz vill Weekender. Et ass en ustrengenden Job. Dofir hinnen e grouse Merci. A merci dem Stéphanie Empain, dass et dës Interpellatioun ugefrot huet.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Tourismusminister Lex Delles. 30 Minutten. Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Lex Delles, Ministre du Tourisme** | Merci villmools, Här President. Loosst mech fir unzefänken der Madamm Empain villmools Merci soen, dass se dës Interpellatioun ugefrot huet. Ech hu mer d'Froen esou gutt wéi méiglech opgeschriwwen. Ech muss soen, ech si bei 54 oder 55 Froen, déi gestallt gi sinn, stoe bliwwen, soudass mer musse kucken, fir vläicht déi hallef Stonn e bëssen ze verlängeren. Ech mengen awer, dass et ganz wichteg ass, grad zu dësem Moment dës Interpellatioun hei ze hunn, well mer jo an engem Moment sinn, wou mer nach e besseren Iwwerbléck hunn iwwert d'Situatioun am Tourismus.

Et ass vu ganz ville Riedner ugeschwat ginn, dass et eebe ganz wichteg war, iwwert déi ganz Kris hei déi verschidden Aiden en place gesat ze hunn. An ech wëllt awer och hei nach eng Kéier ënnersträichen: Et ass net nëmme, dass déi Aiden ... An ech mengen, se si vu verschiddene Riedner ugeschwat ginn, wéi eng et gouf. Sief et d'Indépendance-Aiden, sief et d'Aides coûts non couverts, sief et all déi aner Fondsde-reliance-Aiden, déi et gi sinn, déi en place gesat gi sinn, sinn ëmmer mat enger ganz grousser Majoritéit, ech mengen, souguer bal unanime, hei an der Chamber gestëmmt ginn, ausser vun déi Lénk, déi se ni matgestëmmt hunn. Mee all déi aner hu se awer gestëmmt, fir eebe grad de Secteur esou kënnen hei ze stäerken. A grad wa mer da vun de Faillitte schwätzen, dass déi kee groussen Impakt haten an dëser Pandemie, dann ass et eeben och grad, well all déi verschidden Aiden, sief et de Chômage partiel oder all déi aner Saachen, en place gesat gi sinn.

Wann een dann d'Zuele kuckt vum Tourismus – ech hat se an der Kommissioun schonn eng Kéier kuerz presentéiert an et huet sech och confirméiert an deene Méint, déi duerno komm sinn, dass mer an engem positiven Trend sinn –, gesäit een, dass mer bei engem Plus vun 62 % vun den Arrivéeën an der Hotellerie si par rapport zu 2021, mee trotzdem



awer nach par rapport zu 2019 bei engem Minus vu ronn 35 %.

Op de Campingen, dat ass déi eenzeg Plaz, wou mer gesinn, dass mer par rapport zu 2019 fir d'Méint Januar bis Mäerz dëst Joer schonn e Plus vun 20 % hunn. Do gesäit een also, dass mer souguer méi héich sinn an deenen éischte Méint op de Campingen, wéi dat virdrun de Fall war. Also eng positiv Tendenz – an ech kierzen e bëssen of, well nämlech ganz vill Saache scho gesot gi sinn – am Sichverhale vun de Leit. Mir schwätze vun engem Plus vu 4 % all Woch, fir iwwerhaapt op Lëtzebuerg ze reesen.

Et misst een awer och natierlech den Dagesausflug kucken, wat ganz nei ass. Mir hunn eis Outil ginn, fir och kënnen den Dagestourist ze kucken, deen op Lëtzebuerg koom. Dat konnte mer bis elo nach net maachen. Dat ass iwwer Donnéeën, déi mat den Handyen enregistriert ginn, natierlech anonym, mee et gesäit een awer, wou d'Handye sech beweegen. Wat ganz interessant ass, ass, och ze gesinn, wéi eng touristesch Punkte matenee verbonne ginn. An do gesi mer och, dass dat ganz staark, ëm 58 % par rapport zum selwechten Zäitraum 2021, erëm geklommen ass.

Da gesäit een awer och, an ech mengen, et si ganz vill touristesch Infrastrukturen ugeschwat ginn ... Et huet een ëmmer gesinn, aus wéi enge Regiounen ee war, sief et de Beetebuenger Park, d'École du goût zu Branebuerg, d'Veianer Schloss wéi awer och d'Kasematten oder awer de Park zu Munnereif, ganz grouss touristesch Attraktiounen, déi et gëtt. Mir hunn eng Panoplie vun touristeschen Infrastrukturen. Dat huet een och gesi bei alle Riedner, dee wirklech derfir brennt.

Natierlech, während der Pandemie huet ee gesi mat deene 50-Euro-Bongen, dass och domat de Lëtzebuenger Tourist, de Resident, awer och deen, deen hei zu Lëtzebuerg schafft – well alleguer déi kruten d'Bonge geschéckt –, vill méi zu Lëtzebuerg Vakanz gemaach huet. Mir schwätze vun enger ronn 20 % vun den Nuiteeën, déi 2020 vu Residenten hei zu Lëtzebuerg gemaach gi sinn. Dat ass och d'lescht Joer op ronn 11 % erofgaangen. An engem normale Joer schwätze mer vu 4 % bis 5 %, soudass ee gesäit, dass och trotzdeem nach d'lescht Joer eng ganz Panoplie vun Nuiteeën vu Residenten gemaach ginn ass.

A wat ganz wichteg ass, ass eeben och deen Effet incitatif. Dat waren net nëmmen déi 50 Euro, mee et war à court terme natierlech, fir d'Hebergementsstrukturen ze ënnerstëtzen, sief et d'Hoteller, Aubergen oder Campingen, Giten, mee awer och natierlech, dass doriwwer geschwat gëtt, dass ee seet: „Hei, géi du emol dohinner! Ech war do, et war ganz flott.“ An awer och dat, wat mer gesinn 2021, dass d'Leit och erëm zréckginn. Dat gesäit een och ëmmer erëm, wann ee mat den Hoteliere schwätzt. Si mierken awer, dass d'Leit, déi eemol do waren, och erëm zréckkommen. An dat war e ganz wichtegen Deel vun där Iwwerleeung.

Ier ech op d'Froen aginn, wollt ech awer nach ganz kuerz just iwwert d'Strategie schwätzen. Et si verschidde Saachen iwwert d'Strategie scho gesot ginn, mee wat ganz wichteg ass an der Strategie, ass eeben, fir nach eng Kéier ze erkennen – och mat dem Titel, deen dës Strategie huet –, dass all Euro, deen an den Tourismus investéiert gëtt, en Euro ass, deen investéiert gëtt an d'Liewensqualitéit vun den Awunner. Dat ass e ganz wichtegen Deel, dee vun alle Riedner, mengen ech, och ënnerstrach a verstane ginn ass an dëser Strategie, fir eeben ze soen: Eebe grad den Tourismus ass e Facteur vun der Liewensqualitéit vun de Leit.

Dat geet u bei engem Patrimoine culturel, dee kann developéiert ginn, well eng touristesch Attraktioun

ronderëm leeft, well Leit dohinner ginn an och dat wëllen entdecken, dat wëllen erliewen. Op där anerer Säit, e Café, dee ka fonctionéieren an engem Duerf, wou vläicht net ... An ech war selwer nach leschte Weekend op der Rackésmillen, déi elo opgaangen ass, wou ee gesinn huet, dass e Café virdrun net esou konnt fonctionéieren, well net esou vill Leit an deem Duerf wunnen, fir dass iwwerhaapt e Café ka fonctionéieren, mee mat der touristescher Attraktioun huet dat Duerf elo erëm e Café, well esou vill Leit dohinner kommen, wat jo och ganz wichteg ass, fir en Duerfliewen och weider kënne fonctionéieren ze loosnen.

Dann ass d'Fro vum nohaltegen Tourismus ganz vill ugeschwat gi vun der Madamm Empain. An hei an dëser Strategie ass eebe grad d'Definitiou vum nohaltegen Tourismus! Wat ass en nohaltegen Tourismus? Wann ech hei, mengen ech, kéint en Tour maachen, géife ganz vill eenzel Iddien dozou kommen. D'Madamm Empain huet gesot: „Mam Vëlo enzwousch hifueren.“ Et ass geschwat gi vum CO<sub>2</sub>. Et ass geschwat gi vun engem noen Tourismus, vun engem Slow Tourism. Et gëtt ganz vill Saachen, déi doriwwer erkläert kënne ginn.

Mee d'Definitiou heiran ass ganz kloer: Nohaltegen Tourismus ass en Tourismus, deen e positiven Impact op d'Gesellschaft huet, e positiven Impact souwuel am Kulturellen, wéi ech grad an engem Beispill gesot hunn, dat heescht, en Développement, dee ka gemaach ginn, eng Recherche, déi ka gemaach ginn. Ech soen elo Site Duelem, Site gallo-romain zum Beispill, deen touristesch kann exploitéiert ginn an awer och ekonomesch e positiven Impact huet. Ech hunn d'Beispill vum Café gesot, dee bei der Rackésmillen ka fonctionéieren. Dat heescht, dat ass en Tourismus, deen e positiven Impact op déi ganz Gesellschaft huet.

Dann natierlech e ganz wichtegen Punkt: Do wäert ech op d'Fro komme vun der Barrièrefräiheet. Jo, et ass e Punkt an der Strategie, well de barrièrefräien Tourismus e ganz wichtegen Tourismus ass, net nëmmen, fir d'Leit unzézien, mee et ass och eng Fro vum „Design for all“, dass een e bequemen Tourismus kann hu fir Leit, déi zum Beispill méi schlecht op de Bee sinn. Wann een do d'Analysen, international Analyse kuckt, gesäit een, dass den Tourist an deenen nächste Joren och méi al wäert ginn, an dass mer och da méi Leit wäerten heihinnerzéien, déi déi Bequeemlechkeeten och wëllen.

Op där anerer Säit ass awer eng Ramp, an et wäert e ganz flott Beispill zu Rëmerschen um Weier si mat enger ASBL, déi do kreéiert ginn ass: d'ASBL Baggerweier, déi e ganzen inklusive Projet do huet, wou ee gesäit, wat all déi Atoute vun der Barrièrefräiheet sinn. Natierlech dréit och de Pilotprojet, deen zu deem Moment, virun zwee oder dräi Joer, mengen ech, am Mëllerdall gemaach ginn ass, dozou bäi.

Dann awer ee Punkt, deen och zum nohaltegen Tourismus gehéiert, deen awer haut de Mëtten net ugeschwat ginn ass: Dat ass de gratis ëffentlechen Transport. Och de gratis ëffentlechen Transport ass e wichtegt Argument, e Verkaufsargument fir Lëtzebuerg!

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Lex Delles, Ministre du Tourisme** | Den Tourist, deen d'Porte d'entrée vun der Stad Lëtzebuerg hält, fir op Lëtzebuerg ze kommen – an d'Stad Lëtzebuerg ass e wichtegen Acteur als Entréesdier fir den Tourist, deen op Lëtzebuerg kënnt –, ma deen huet elo d'Méiglechkeet, ouni sech Gedanken ze maachen, wou en en Ticket keeft, ouni sech Gedanken ze maachen, wéi wat wou fonctionéiert, duerch d'ganz Land ze reesen an déi aner Regiounen ze entdecken an dann och erëm an déi Regiounen zréckzekommen,

wann en eng Kéier hei zu Lëtzebuerg war. An eebe grad do ass de gratis ëffentlechen Transport e ganz wichtegen Deel och fir den Tourismus. Mee ech kommen dorop nach eng Kéier zréck.

Wat awer och e wichtegen Punkt ass an der Strategie, déi d'lescht Woch presentéiert ginn ass, dat ass, wéi d'Vue vum Tourist ass. Et ass och ugeschwat ginn. Den Tourist gëtt haut anescht ugesinn, wéi dat vläicht zu verschiddene Momenter war. Haut ass et ganz kloer, den Tourist, deen op Lëtzebuerg kënnt, ass e punktuelle Resident! Dat heescht, et ass e Resident, deen hei ass, well en eebe grad dat sicht – ech mengen, den Här Eischen hat et ugeschwat –, well et eebe grad dat ass, dass e wëllt erliewen, wou en higeet, well e wëllt matliewen, well e wëllt eppes entdecken. An dat sinn och déi Zilgruppen, déi mer uschwätzen. Et ass net einfach een, dee vu bausse bäigepafft gëtt, deen eng Kéier ronderëmgeet an erëm fortgeet. Neen, e leeft mat an engem Deel. Et ass e punktuelle Resident, deen do ass.

Da kommen ech op déi verschidde Froen, déi gestallt gi sinn.

Natierlech war den Ufank vun der Madamm Empain: Wivill Betriber hu missen zoumaache bei de Faillite während dem Covid? Mir gesinn, dass d'Failliten erofgaange sinn, an alle Secteurs si se erofgaangen. Parallell dozou gesi mer awer och vläicht eppes, wat net esou oft e Monitoring huet an der Press, an dat ass, wivill Autorisatiounen zréckgeschéckt gi sinn. Mir gesinn, dass dat ganz staark erofgaangen ass. Dat heescht, mir hu vill manner Betriber, déi net eng Faillite gemaach hunn, mee einfach hir Autorisatioun zréckgeschéckt hunn, well se zougemaach hunn. Do si mer ganz staark erofgaangen. Mir schwätzen do vu 60 % bis 70 % manner Betriber, déi zougemaach hunn, wéi dat déi Jore virdru war, wat jo ganz positiv ass. Et mierkt ee wirklech, dass souwuel de Chômage partiel wéi all déi aner Aiden do och wirklech gegräff hunn.

Op där anerer Säit gesi mer awer och, dass d'Autorisatiounen, déi nei Autorisatiounen, déi erausgaange sinn, natierlech am Horeca-Secteur vill manner erausgaange si wéi déi normal Joren. Mee trotzdeem, 2020 an 2021 sinn och an deene Betriber Autorisatiounen iwwert d'Classes moyennes erausgaangen.

Da war d'Fro iwwert d'Familljen als Zilgrupp. Mir soen hei, mir schwätze vun Explorer zum Beispill. Dat si Leit, déi wëllen e Land exploréieren. Mir schwätze vun „nature-loving actives“. Dat sinn Touristen, déi op Lëtzebuerg kommen, déi eebe grad d'Natur wëllen erliewen, déi Aktivtourismus gär hunn. Dofir ass d'Natur mam Aktivtourismus eng Zilgrupp, déi natierlech op Lëtzebuerg passt. Dat heescht net, dass dat net dierf eng Famill sinn. Dat heescht net, dass dat muss e Celibataire sinn. Dat heescht net, dass dat nëmmen dierf eng Koppel sinn. Eebe grad an all deenen Zilgruppe sinn och Famillje viséiert! Dat heescht, alleguer déi, déi d'Natur gären hunn an aktiv wëlle sinn, déi sinn an där Zilgrupp mat dran, egal ob Famill oder Celibataire.

E ganz wichtegen Punkt, deen och ugeschwat ginn ass, dat war déi Fro vum Benevolat. Den Tourismus ass e Secteur zu Lëtzebuerg, dee just fonctionéiert mam Benevolat. Et ass, mengen ech, vun allegueren de Virriedner e grouse Merci un all déi Benevoll am Tourismus gaangen. Ech wëll mech natierlech deem uschlëssen, well den Tourismus zu Lëtzebuerg ouni déi sëlleg Benevoll, déi an de Syndikater, an de Veräiner oder op ganz villen anere Plazen aktiv sinn, net géif fonctionéieren.

Ee Punkt, deen awer d'Madamm Empain erausgestrach huet, ass dee vun de Wanderweeër. Bis virun

e puer Joer gouf et nach ganz vill Syndikater, déi Wanderweeër ënnerhalen hunn. Och haut gëtt et nach eng Rëtsch Syndikater. Ganz flott: Souguer eng Traumschleife zu Manternach gëtt vun engem Syndikat vu benevolle Leit, déi sech samschdes treffen, an der Woch treffen, ënnerhalen. Si gi mat Heckschneiden d'Weeër fräischneiden, si gi mat Hummer a See nei Bänken opriichten. En immensen Engagement fir den Tourismus, well se de Leit wellen hir Regioun weisen. Dat ass formidabel!

Mee mir mierken awer trotzdeem, mengen ech, d'nämmlech wéi am Sport, dass et ëmmer manner Benevoller gëtt. Dofir ass et wichteg, dass och de Ministère sech anescht opstellt, fir déi néideg Hëllefstellung ze ginn. Am Moment ass et esou, dass d'Syndikater Aidë kréie fir Material oder aner Saachen, déi se kréien. Mee parallel dozou ginn et der awer ëmmer manner. Dofir hu mer d'Joer och am Budget ... an ech mengen, mir haten et jo och an der Kommission ugeschwat, dass de Budget eropgaangen ass fir Ekippen, déi de Ministère huet, fir d'Wanderweeër fräizemaachen. Dat heescht, do ass en Engagement, dee méi grouss ass, dass méi Ekippen op de Wanderweeër zu Lëtzebuerg ënnerwee sinn.

Wat awer och Hand an Hand geet mat der Iwwerleeung, dass d'Wanderweeër nei organiséiert ginn: Vun haut op muer kann een net soen, d'Wanderweeër géifen nei gemaach, mee et ass eng Rëtsch vun Auto-pedestren, déi analyséiert ginn ass. Den Norden an de Süde si Pilotgemengen. Am Norde si Verschiddener schonn ... oder do si mer bal fäerdeg mat der Beschëlderung, well och dat hëlt Zäit! Do si Leit, déi hanken déi Schëlder alleguer op, déi molen déi Schëlder op d'Beem. Dat heescht, och dat ass wierklech eng Aarbecht, déi déi Ekippen, déi och d'Wanderweeër fräischneiden, maachen.

An do gesäit een, dass mer mat där Reorganisatioun e wichteg Punkt gemaach hunn, well et net duergeet, nëmme ze soen: „Ma mir hu ganz flott Wanderweeër!“ Nee, déi mussen och ënnerhale ginn! An all déi Wanderweeër, déi mussen ënnerhale ginn, do muss och garantéiert sinn, dass se kënnen ënnerhale ginn. Dofir och déi ganz nei Strategie, déi gemaach ginn ass, fir d'Wanderweeër a) ze beschëlderen a b) och ze reorganisieren, fir der vläicht manner ze hunn.

A jo, et ass eng Kritik, déi mer um Ministère heiansdo ze héiere kréien, dass et manner Auto-pedestre ginn oder dass se anescht ëmgeluecht ginn. Dat ass richtig. Mee déi, déi elo do sinn am Norden an am Süden, sinn déi, vun deene mer och kënnen garantéieren, dass se qualitativ héichwäerteg sinn! Et huet kee Wäert, dass mer de Blummeweewenzwousch hunn, wou no fénnef Joer siwe Beem drop leien an d'Beschëlderung net méi klappt, wou d'Touristen, oder och d'Residenten, sech da verlafen. Dofir muss een och garantéieren, dass et eng Qualitéit ass. A wann ee Qualitéit wellt garantéieren, muss een och kucken, dass een et ka stemmen.

Dann ass nach d'Saach vun der Taxe de séjour ugeschwat ginn. Eng ganz kloer Äntwert: Mat där heiter Regierung wäert et keng national Taxe de séjour ginn, Punkt! Do ass och net drun ze réckelen. Éischens gëtt et d'Autonomie communale. Wa Gemengen dat wëlle maachen, wéi am Mëllerdall ... Ech hunn elo héieren, dass eng Gemeng et gemaach huet bis elo. Jo, do gëtt et all déi Diskussiounen. An do huet d'Chambre de Commerce sech zrëckgezunn, net nëmme et ugedrot, mee si hu gesot, se géifen net méi contribuieren an den ORT, well si eeben dofir do sinn. Si soen: „Ma mir hunn dofir abezuelt, fir dass eeben net muss eng Taxe de séjour kommen!“ Dofir cotisiere se elo do net méi an, well eebe grad déi Taxe de séjour do vum ORT och proposéiert ginn

ass. Mee et sinn net all d'Gemengen, déi dat doten en place gesat hunn.

Mee, wéi gesot, mat där heiter Regierung gëtt et keng national Taxe de séjour. Et gëtt verschidde Gemengen, déi dat souwisou och scho vill méi laang hunn.

Dir hutt vum Ecolabel geschwat, wat eeben och an den nohaltegen Tourismus geet. E ganz wichteg Punkt! Do hutt Der gefrot, wéi eng Moyenen et do gëtt.

Jo, et gëtt verschidde Betriber am Hebergement, déi de Label hunn. Et gëtt awer och den europäesche Projet – ech mengen, deen ass beim Environnement: déi Europäesch Blumm, déi nach e Stack driwwer ass an déi och e ganz interessante Label ass. Do weess ech net, wivill Hebergementsstrukturen deen hunn. Bon, eise Ministère këmmert sech natierlech ëm den Ecolabel, well mer do wellen eng Entréesdier maachen, fir och do kënnen den Tourismus op dee richtige Wee matzefolgen.

Dir hutt gefrot, wat de „Green Events“ ass. Do ass et den Engagement fir d'„Green Business Events“, wat bei eis ass, e Label, deen Eventer soll flaggen, déi och gréng sinn. Dat heescht, dass een op där enger Säit déi Nohaltegeket gäre beim Catering hëlt, awer och beim Transport, dat heescht, dass alleguerten d'Venue, déi op engem Kongress, bei engem Evenement sinn, déi an de Business falen, kënnen dee Label ufroen an dann och hire Clientë kënnen weisen: „Hei, mir sinn dat do, kommt heihinner!“ Well, an dat ass och dat, wat Der richtig gesot hutt: Et gëtt ëmmer méi eng Nofro vu Betriber, déi enzwousch hinkommen an déi soen: „Hei, mir kommen awer nëmme, wann dee Green Business Events do ass.“ Dofir hu mer dee Label en place gesat.

Wat awer bei alleguerten de Virriedner, an ech soen et da just op enger Plaz, ugeschwat ginn ass, dat ass eebe grad déi Zesummenaarbecht tëschent deene verschiddene Ministären. Jo, et ass ganz wichteg, dass déi Zesummenaarbecht do ass.

Den Tourismusministère ass am Fong en transversale Ministère, well en op ganz ville Plazen zesummeschafft. Et ass iwwert d'Pistes cyclables geschwat ginn. Déi si beim Transportministère. Et ass iwwert d'Bëscher ... Mir verkafen als Tourismusdestinatioun Bëscher. Bein, déi sinn am Environnement. Mir verkafen als Tourismusdestinatioun eise Patrimoine. Deen ass bei der Kultur. Mir verkafen als Tourismusdestinatioun eng Panoplie vu verschiddene Saachen an eebe grad duerfir ass et wichteg, dass mer déi verschidde Saache vernetzt gesinn an net nëmme den Tourismus eenzel dostoe gesinn, mee alleguerten déi ëffentlech Acteure bei de Ministären, bei Ponts et chaussées, bei all deenen aneren och zesumme gesinn, well et ass e Ministère, dee ganz oft zesummeschafft a ganz vill muss zesummeschaffen, wat och gutt esou ass.

E leschte Punkt, deen ugeschwat ginn ass, dat ass d'Krunnewaasser. Do gouf et eng Petitioun. Dat ass awer d'Classes moyennes, an ech krut souguer nach en SMS vun der Presidentin vun der Commissioun: „Denk drun!“ Jo, mir hu scho ganz vill doriwwer geschwat: D'Krunnewaasser ass och e Punkt vum nohaltegen Tourismus, ass e Volet, wou mer amgaange waren, just virun der Pandemie duerch déi Petitioun dat mat de Karaffen en place ze setzen zesumme mat der Horesca. Mir hunn dee Projet do leien. Mir sinn amgaangen, dorun ze schaffen. Mir wäerten deen nach d'Joer presentéieren, fir dass déi Betriber, déi wëlle matmaachen, dann och kënnen dee Label kréien an da soen: „Hei, mir hu Waasser vum Krunn“, wat natierlech net d'Fro ass vum gratis Waasser. Hei

ass et esou, dass dat Waasser natierlech och ka facturéiert ginn, well do eng ganz Aarbecht mat derbäi ass.

De Punkt vun den ORTen, vun de Finanzementer: Majo, wat eebe wichteg ass, ass, dass de Pilotprojet, deen am Norden ass, d'Méiglechkeet huet, hei vill méi Suen ze kréien. Et ass keng Spuermoosnam, déi hei gemaach ginn ass, mee andeem alleguer d'Maarbechter vum ORT elo am ORT Regio bei LFT schaffen – wat e Projet ass, bei deem et ronn 660.000 Euro annuel kascht, fir déi Paien ze iwwerhuelen –, sinn déi Suen elo méi an der Regioun, fir Projeten ze realisieren. An déi Projeten, déi eng ASBL an der Regioun mécht, gi souguer nach subventionéiert. Do gesäit een also, dass den Norde mat där doter Decisioun vill méi Suen huet, fir och konkret kënnen Projeten um Terrain ëmzesetzen, wat och do gemaach gëtt.

Den Här Eischen huet verschidde Punkten ugeschwat vum Restart Tourism zu Lëtzebuerg. Do waren net nëmme Formulatiounen, déi gemaach gi sinn, mee se si konkret ëmgemat ginn. Ech mengen, Digitalisierungsprojete ginn et der eng Panoplie, sief et natierlech déi ganz Publicitéitscampagnen, déi d'Schlass Veiane gemaach huet an deem dote Kader, wou se och finanzéiert gi sinn, fir sech kënnen digital ze weisen, wat bis dohinnet net méiglech war. Dat war d'Augmented Reality, déi doriwwer mat finanzéiert ginn ass, fir sech kënnen do ze digitalisieren, vu verschiddenen Acteuren. Sief et awer och d'Onlinebuchbarkeet, fir kënnen online iwwerhaapt en Ticketing ze maachen, deen immens developéiert ginn ass, och do mat Aiden, déi d'Betriber respektiv awer och d'ASBLen oder déi aner Syndikater konnte kréien, fir do kënnen mazeschaffen.

Dir hutt geschwat vun den Nuiteen: 37 % am Zentrum, 26 % am Norden, nëmme 6 % am Osten. Dat heescht, domat kann een net soen, duerfir misst elo vill méi an den Osten investéiert ginn. Dat kann een esou net gesinn. Et muss een do soen: Majo, et muss ee jo och d'Infrastrukture kucken, déi do sinn. Am Zentrum ginn et natierlech vill méi Hebergementsstrukture wéi am Osten. Also wann den Osten eng Kéier 37 % vun den Nuiteen vu ganz Lëtzebuerg huet, ech mengen, da muss mer an der Stad eng Hand upaken, fir kënnen do ze fonctionéieren. Dat wäert net kommen.

Dat heescht, et muss een awer e bësse relativéieren. An am Zentrum gëtt Reklamm fir d'Regioun gemaach. Ech hunn de gratis ëffentlechen Transport ugeschwat. Et gëtt awer och Privatiniciativen, sief et eng Nature & Castle Tour, bei där d'Touristen aus der Stad als Éischt an de Mëllerdall, also Iechternach, an dann an den Norden op Veiane gefouert ginn. D'Joer ass et e Projet am Osten, deen iwwert den ORT matbegleet gëtt, deen de Staat och matfinanzéiert, wou dann den Hop-on-hop-off-Bus an den Oste wäert furen, fir och do kënnen Touristen aus der Stad matzefolgen. Dat heescht, do gëtt et ganz vill Vernetzungen, déi ee gesäit, natierlech awer och déi ganz Campagne „Lëtzebuerg, dat ass Vakanz!“, mat där zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun Reklamm gemaach gëtt fir ganz Lëtzebuerg an awer och punktuell, an dorop wäert ech nach eng Kéier ganz kuerz kommen.

D'Digitalisierung ass ugeschwat ginn. Dir hutt gesot, et misst méi an der Digitalisierung gemaach ginn. Mee eeben! Dat ass eng Kärmissioun, déi mer hunn, un där mer och ganz vill geschafft hunn. Wa mer vun der ... Dir hutt plädéiert, fir eng national App ze maachen. Déi gëtt et. Ech kann Iech do berouegen. Dir kënnt Iech se säit engem Joer schonn erooflueden: „VisitLuxembourg“ heescht se. Dir kënnt Iech d'App erooflueden. Et ass am Fong e Reesbegleeder duerch ganz Lëtzebuerg, wou Der ugewise kritt ..., wat ganz



interessant dorunner ass: Souguer kleng Manifestatiounen, déi net un den Tourist kommen, well se punktuell sinn, kënnen mat där App dem Tourist direkt ugewise ginn. Dat heescht, wann Dir sot, ma Dir interesséiert Iech fir – ech weess et net – e Concert, da ka souguer dee kleng Concert, deen iergendwou an engem klengen Duerf ass, deen net direkt Tête d'affiche ass, do ugewise ginn, soudass den Tourist souguer kann dohinnegeen. Dat heescht, d'Plus-value vun der Digitaliséierung ass do ze gesinn.

Mee dat ass am Fong just de Summum vun deem, wat mer konnte weisen, well hannendrun dräi Joer laang Developpementen hu misse gemaach ginn. Duerfir, et sinn der vläicht ... Dass ee kann eng Iddi hunn, fir eng App ze maachen, dat ass gutt. Mee et sinn awer ganz vill Saache virdrun. An do ass éischens déi national Plattform gemaach ginn, soudass alleguerten d'ORTen, alleguerten d'Acteure sech un eng Plattform ugeschloss hunn, fir hir Donnéeën dropzelueden. Et gëtt jo näischt méi Schlëmmes, wéi wann Der kuckt, wéini e Musée op ass an op deem engen Internetsite steet um 9.00 Auer, op deem aneren um 10.00 Auer, op deem aneren um 11.00 Auer an op deem véierte steet, et géif e guer net ginn.

Duerfir ass et wichteg, dass mer eng Plattform hunn. Déi ass kreéiert ginn an déi speist alleguerten d'Internetsitten, déi lokal, déi regional, déi national an d'App, dass da wierklech op ee Klick eppes changéiert gëtt an dann iwwerall dat nämmelecht och kann ugewise ginn.

Wat awer och ganz wichteg ass, Dir hutt gesot, et misste Wanderweeër do drakommen. Dat ass och dran. Do schaffe mer mat verschiddenen Acteuren zesummen. Dir kritt de Wanderwee net nëmmen ugewisen, mee Dir kritt souguer déi ganz Kaart dohinner mat den Héichten, mit allem Drum und Dran. „Visit-Luxembourg“ ass also eng ganz interessant App, déi ee sech kann eroflueden.

Dann hutt Der vun de Vëlosweeër geschwat. Et gëtt eng Panoplie vun neie Pisten. An hei sinn erëm eng Kéier déi Synergien, déi zesummeschaffen. Mam Transportministère gëtt et déi Campagne „Vëlosummer“, bei där verschidde Stroosse gespaart ginn an déi scho säit zwee Joer leeft. Dës Joer wäert dat drëtt Joer sinn. Op där anerer Säit ass awer och dat ganz Gesetz, dat virun e puer Joer hei duerch d'Chamber gestëmmt ginn ass, fir um nationale Réseau vun de Piste-cyclables déi verschidde Vernetzungen kënnen ze maachen. Op där anerer Säit ass et awer ganz wichteg, dass den Tourismusministère do de Lien mécht, fir déi – mir soen ëmmer – „last mile“, fir vun der Piste cyclable op ee Branebuerg bei d'École du goût kënnen ze kommen. Well wann eng Piste cyclable op zwee Kilometer laanscht geet, ass et wichteg, dass mer dann awer och déi lescht Vernetzung maachen. Dat sinn déi Saachen, déi ganz wichteg waren.

Dann hutt Der vun der neier Beschëlderung geschwat, dass et géif Zäit ginn, dat ze maachen. Mir si säit zwee Joer amgaangen, déi nei Beschëlderung ze maachen. Den Norden ass bal fäerdeg. Mee natierlech, dat ass vill Aarbecht. An am Süde si mer amgaang. Mee ech mengen, Är Kollege Buergermeeschteren aus den Nordgemengen kënnen Iech och nach eng Kéier de Projet weisen, well et ass e ganz flotte Projet, wou mer eng eenheetlech Beschëlderung hunn, wou d'Auto-pédestren net nëmmen an eng Richtung ginn, mee an zwou Richtungen ginn an esou weider. Also e ganz flotte Projet.

Dann hutt Dir gesot, et géif un enger nationaler Strategie feelen. Ma déi hu mer d'lescht Woch presentéiert. Eebe grad ganz wichteg, dass mer déi national Strategie hunn. Et ass eng Strategie, déi Bottom-up

opgeschafft ginn ass, wou mer souwuel déi touristesch Acteuren hunn, d'Syndikater, d'ORTen, alleguerten d'Acteuren an natierlech och d'Betriben, déi matgeschafft hunn, fir déi Strategie ze developpéieren, op där anerer Säit awer och grouss Foren haten, wou jiddweree konnt matschwätze fir ze gesinn: Wat ass iwwerhaupt den Tourismus? An doraus ass déi Strategie do developpéiert ginn.

Wéi eng Hëllef hu mer fir d'Gemeng? Ma mir hunn eng ganz Rëtsch. Mir hunn de Plan quinquennal, wou d'Gemengen eligibel sinn. An ech wäert duerno eng Kéier op d'Zuele vum Plan quinquennal kommen, well déi vu verschiddene Leit gefrot gi sinn. Awer op där anerer Säit och natierlech déi Hëllefstellungen, déi mer hunn, fir d'Etüde kënnen matzefinanzéieren, och mat ze weisen, an awer och d'ORTen, wou d'Gemenge Member sinn. Also d'Gemenge sinn am Fong am ORT a finanzéieren den ORT, well soss géif déi regional Vernetzung net funktionéieren. An d'ORTen hei zu Lëtzebuerg maachen eng formidabel Aarbecht, eebe grad an der Vernetzung mat allen Acteuren um Terrain an de Regiounen.

Ech si gefrot gi fir d'Zuele vum Plan quinquennal. Ronn 15 Milliounen sinn un de Secteur communal gaang vum zéngte Plan quinquennal, ronn 15 Milliounen sinn un de Secteur communal bezuelt ginn, ronn 10 Milliounen un d'Syndicat-d'initiatives, ronn 5 Milliounen un d'Hotellerie, 3 Milliounen un d'Campingen, dann 3 Milliounen fir de Fonds de relance Covid-19, 2,1 Milliounen fir Konzepte an Etüden, 1,1 Milliounen fir Investisseur-priveén a Gîte mat ronn 1,9 Milliounen. Dat zu den Zuele vum zéngte Plan quinquennal Tourismus.

Dann hunn ech elo zwou Froen vun Iech. De bessere politesche Kader: Ech weess net, wat Der domat mengt. An et misst méi investéiert ginn: Elo weess ech och net méi. Vlächte kënnen mer nach eng Kéier doriwwer schwätzen.

Dann d'Fideliséieren. D'Madamm Hartmann huet et ugeschwat, eebe grad e ganz wichtige Punkt, dee mam 50-Euro-Bong gemaach ginn ass: fideliséieren. Véier Touriste vu Fënneg, déi op Lëtzebuerg kommen, recommandéieren Lëtzebuerg als touristesch Destinatioun. Dat heescht, dat sinn déi beschten Ambassadeuren. Déi ginn heem a soen: „Hei, ech war zu Lëtzebuerg, zu Iechternach op der Sprangpressesioun“, Madamm Hartmann, „an ech gi souguer zrëck dohinner.“

*(Interruption)*

Ech weess net, Här Di Bartolomeo, ob elo d'Kiermes, op där Der de Weekend waart, och esou eng touristesch Attraktioun ass, mee se kann et sécherlech nach ginn.

Dann huet d'Madamm Hartmann de Gedenktourismus ugeschwat, eebe grad do, wou mer eis eng national Strategie ginn hunn.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | D'Uergel.** Eis Uergel.

**M. Lex Delles, Ministre du Tourisme | An d'Uergel,** natierlech.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | An eise Waassertuerm.**

**M. Lex Delles, Ministre du Tourisme | Ech géif Iech proposéieren, Här Di Bartolomeo, dass Der Iech beim „Guide for one day“ umellt, also op [www.guidetourism.lu](http://www.guidetourism.lu) kennt Der Iech nach als Guide mellen, fir d'Diddelenger Uergel ze weisen. Ech si mer sécher, dass ganz vill Leit sech wäerten umellen, fir vun Iech déi Uergel an der Kierch vun Diddeleng gewisen ze kréien.**

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Privat.**

**M. Lex Delles, Ministre du Tourisme | Ech melle mech sécher un.**

*(Hilarité)*

Also de Gedenktourismus, deen ...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Wéini?**

**M. Lex Delles, Ministre du Tourisme | Mellt Iech u bei [www.guidetourism.lu](http://www.guidetourism.lu). Am Moment kënnen d'Guidé sech nach umellen. Et wäerte ganz vill Leit matgoen.**

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | An Dir sidd deen Éischten.**

**M. Lex Delles, Ministre du Tourisme | De Gedenktourismus .... Ech kommen doudsécher mat.**

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen, Président | Här Di Bartolomeo.**

**M. Lex Delles, Ministre du Tourisme | De Gedenktourismus an der Industrie, wéi en ugeschwat ...**

Fait personnel, Här President.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Här President, de Minister hat mech ugeschwat. Wann e Minister mech uschwätzt, da sinn ech esou héiflech an ech äntweren. Entschëllegt, Här President. Ech wäert et net méi maachen.**

*(Hilarité)*

**M. Lex Delles, Ministre du Tourisme | Also de Gedenktourismus: e wichtigen Deel, Industrie, Zweete Weltkrich an Europa, wou mer eis dës Kéier emol fir d'Éischte Kéier eng Strategie ginn hunn, fir de Gedenktourismus zu Lëtzebuerg kënnen ze réaliséieren.**

D'Madamm Hartmann huet e grouse Problem, deen och nach vun anere Virriedner ugeschwat ginn ass, de Problem vun de Packagen. Jo, dat ass e reelle Problem zu Lëtzebuerg. Wie mécht Packagen? Dat kënnen just Agencé sinn, well mer nämmelech eng Direktiv „Voyage à forfait“ hunn, woubäi een dann och verschidde Konditiounen muss erfëllen, fir kënnen Packagen ze maachen.

D'ORTE maachen eng formidabel Aarbecht, zesumme mam LFT natierlech, wa Leit op Lëtzebuerg kommen, fir hinnen ze weisen, wat se kënnen an de Package setzen, mee kënnen selwer de Package net maachen, dat ass och net hire Rôle. Dat heescht, si weisen, wat ee ka maachen. Dat heescht, wann eng auslännesch Agence dohinnerkënn, soe se: „Dir kënnt dat, dat an dat matenee verbannen.“ An dann ass et awer un den Agencen natierlech, dee Package ze verkafen. An do gesäit een awer och, dass ganz vill nei Saache gemaach ginn.

E wichtige Punkt, deen och vun e puer Virriedner ugeschwat ginn ass: d'Luxair. Ech si ganz frou, dass se säit zwee Joer hir Strategie ugepasst hunn an och wëlle méi Income maachen, och zesumme mat LFT. Si selwer sinn och Member am Luxembourg for Tourism, fir och do Publicitéit op deenen Destinatiounen ze maachen, wou se sinn, fir dass se da kënnen geholl ginn.

D'Madamm Burton huet gefrot, wou d'Strategie vum MICE-Tourismus drun ass. Enn des Jores wäert se presentéiert ginn.

Ob d'ORTE méi Sue kréien? Ma eebe mat deem Pilotprojet wëlle mer gären doriwwer vill méi Moyene ginn. Ech hu vun deene 600.000 Euro (veuillez lire: 660.000 Euro) geschwat, déi den ORT Norden huet. D'Zuele vum Fënnegjoresplang ...

*(Interruption)*

Ech hunn nach zwou Minutten.

D'Zuele vum Fënnefjoresplang, déi ugeschwat gi sinn, ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | En huet der nach zwou vu mir.

**M. Lex Delles**, Ministre du Tourisme | Merci.

... hunn ech grad genannt. Dat heescht, eng ronn 45 Milliounen sinn ausbezuelte ginn.

Dann d'Digitaliséierung, e ganz wichtege Deel. Jo, d'Digitaliséierung ass ganz wichteg am Tourismus, besonnesch eebe fir ze kucken, fir d'Buchbarkeet a fir all déi aner Saachen. Wat gëtt do gemaach? Ma mir hu virun zwee Joer d'Fit-4-Digital-Packagen en place gesat, well eebe grad fir déi Kleng- an déi Mëttelbetriber de Fit 4 Digital ganz léif war, mee et awer net interessant ass, eng 360-Grad-Analys vun der Digitaliséierung vum Betrib ze maachen, wann ech selwer emol iwwerhaupt kee Computer hunn. Duerfir eeben de d'Fit-4-Digital-Package, wou wierklech am Betrib selwer eppes en place gesat gëtt. Iwwer 200 sinn der d'lescht Joer do realiséiert ginn.

Dir hutt zu Recht de LEADER ugeschwat, e ganz wichtege Acteur och am Tourismus, well domat d'Developpement vu Projekte gemaach gëtt. E Problem, deen et dobäi gëtt: Wann e LEADER-Projekt realiséiert gëtt, ass en ëmmer just fir eng gewësse Period. Wann de Projet da soll perenniséiert ginn, dann ass de Problem: Wéi kënnen mer e finanzéieren? An dat ass, mengen ech, e Punkt, deen ze analyséieren ass, well et ass schéin, e Projet ze maachen, mee wann en duerno zesummefällt, well en net ka realiséiert ginn, dann ass et relativ schwierig. Dat heescht, et muss ee kucken: Ass de Projet och viabel no der Finanzéierung vum LEADER-Projekt? Dat, mengen ech, och besonnesch am Kader vum regionalen Tourismus.

Dir hutt vum Regierungssaccord geschwat, dass mer am Regierungssaccord stoen hunn, dass mer wëllen am ICCA-Ranking am MICE-Tourismus op déi 50. Plaz kommen. Ech hunn haut de Moien extra nach eng Kéier nogekuckt. Mir sinn iwwer zéng Plaze besser ginn a mir sinn op der 54. Plaz, dat heescht, mir hunn hei bal de Koalitionsaccord realiséiert.

Dann ass vu Jugendherberge geschwat ginn. Jo, zu Clierf gëtt et keng Jugendherbergen. Et gëtt och nach aner Dierfer oder Gemengen oder Stied, wou et keng Jugendherberge gëtt. Also ech mengen och net, dass de Staat kann an all Gemeng eng Jugendherberge bauen. Et gëtt awer dräi nei Jugendherbergen, déi an der Planung sinn, sief et Veianen, sief et Ettelbréck, sief et an der Stad Lëtzebuerg, woubäi souwuel zu Veiane wéi an der Stad och schonn de Bagger rullt. Jugendherbergen, och eng ASBL, déi awer ganz ..., deenen ech och op dëser Plaz natierlech wëll Merci

soen, well et weess een et net ëmmer, mee och d'Jugendherberge sinn eng ASBL mat engem Conseil d'administration, deen dat benevöll mécht.

**M. André Bauler** (DP) | Et gëtt awer eng Jugendherberg an der Gemeng Clierf.

**M. Lex Delles**, Ministre du Tourisme | Al

**M. André Bauler** (DP) | Zu Wäicherdang.

**M. Lex Delles**, Ministre du Tourisme | Zu Wäicherdang gëtt et eng Jugendherberg, wéi elo grad hei gesot ginn ass vum Här Bauler.

Dann, jo, ech muss soen, eng Appreciation vun der Analys iwwert d'Strategie deelen ech natierlech net. Och wa mer do en internationale Consultant geholl hunn, fir dat do mat ze suivéieren. Just nach eng Kéier, et war schued. Ech mengen, d'Deputéiert waren och invitéiert, fir op d'Presentatioun ze kommen. Grad déi Kritiker, déi ech hei am härtesten héieren, waren awer leider verhënnert, fir dohinner lauschteren ze kommen, well et sinn nämlech ganz konkret déi Mesuren, déi och dra sinn. Dat sinn op där enger Säit natierlech déi Iwwerleeungen, déi dra si mat de Megatenden: Wou sinn d'Stärkten, wou sinn d'Schwächen, déi mer als Lëtzebuerg hunn. Awer och ganz konkret Moosnamen, déi an deene sechs Piliere drastinn, fir déi kënnen ëmzesetzen, soudass also do ganz vill gemaach ginn ass.

Eng Fro zum Airbnb. Den Airbnb, dat ass awer an der Kompetenz vun de Classes moyennes. Do ass d'Gesetz vum Droit d'établissement deposéiert, wou gesot ginn ass: Mir wëllen net hei gären d'initial Iddi vum Airbnb, d'Sharing Economy, futti maachen. Mir soen: Dräi Méint kanns de eppes maachen, kanns de verlounen. Natierlech muss een do deklaréieren an esou weider. Op där anerer Säit, wéinst der Concurrence déloyale, genausou wéi et och am Koalitionsaccord steet, mussen mer awer e Kader hunn an et muss gläich sinn. Dat heescht, wann ech iwwer dräi Méint eng Locatioun maachen, wou net den Domicile gesat gëtt vun deem, deen dohinner kënnt, da sinn ech net méi an eng Sharing Economy, da sinn ech an eng Aktivité commerciale wéi all aneren och. Duerfir ass dat eeben do ze fannen.

De leschte Punkt, Här President, da sinn ech bal fäerdeg, dat ass den Trend, deen den Här Goergen ugeschwat huet vun de kuerze Buchungen. Deen ass e bësse gebrach, leeft awer nach ëmmer. Dat heescht, et gesäit een awer trotzdeem, dass an der Hotellerie an op de Campingen August, September elo scho gebucht ginn ass.

Luxair, ass genannt ginn. Do gëtt et Zesummenaarbechten, fir déi Campagne ze maachen. Mee och

d'CFL, och d'CFL huet als Member vum LFT do e Rôle a schafft och mam LFT zesummen, fir besonnesch Destinatiounen kënnen unzeschwätzen, wou d'CFL hifiert, sief et an Däitschland op Koblenz, op Paräis, awer och aner.

Busreesen, do gëtt et verschidden Acteuren, déi heihinnerkommen, fir Packagen ze maachen.

An dann d'Marie-Astrid. Ech muss soen, den Toiletteproblem zu Réimech, dee kennen ech elo natierlech net esou gutt. Ech weess awer, dass do e Quai extra gemaach ginn ass, well et nämlech den Terminus vu verschiddene Flosscroisièren ass, déi dann dohinnerkommen. An dann natierlech: Wéi eng Aidë krut d'Marie-Astrid? All déi, déi aner Acteuren och kruten, dat heescht d'Aide Fonds de relance an déi aner Aiden, déi all aneren Acteur an deem Beräich och konnt kréien.

Et muss een awer wëssen, an dat gëtt ganz oft an der Diskussioun vergiess, dass d'Marie-Astrid net nëmmen déi Connotation touristique, mee och eng Aufgab huet vun, ech soen net Taxi, mee am Fong vu Schëfflinn op der Musel, wat eng zweet Missioun vun hinnen ass. An hannert där ganzer ASBL ass och nach de Centre mosellan mat der Exploitation vun engem Musée an och vun der Tourist-Info op där Plaz. Dat heescht, et geet wäit doruwwer eraus. An dofir och d'Cotisatiounen vun de Gemengen.

En tout cas soen ech villmools Merci fir déi Interpellatioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Dat war ganz informativ.

(Interruptions)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Tourismusminister Lex Delles. D'Parole après ministre ass fir den Här Léon Gloden.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Ech wollt just preziséieren, well den Här Goergen dat gesot huet: D'Marie-Astrid ass europawäit dat éischt Schëff, dat un eng Kläranlag undockt, wann et heemkënn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci fir déi Präzisioun, Här Gloden.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 19.59 heures.)



## Sommaire

| Objet                                                                 | N°   | Auteur                         | Page | Objet                                                                             | N°   | Auteur                             | Page |
|-----------------------------------------------------------------------|------|--------------------------------|------|-----------------------------------------------------------------------------------|------|------------------------------------|------|
| Règlement concernant la sécurité dans les transports publics          | 6237 | Marc Goergen                   | 86   | Vidéosurveillance autour du Centre de conférences Kirchberg                       | 6471 | Marc Goergen                       | 92   |
| Piste cyclable entre Clervaux et Troisvierges                         | 6304 | Jeff Engelen                   | 87   | Tests de dépistage pour la Covid-19                                               | 6472 | Martine Hansen                     | 93   |
| Projet « Land of Memory »                                             | 6355 | Martine Hansen, Octavie Modert | 87   | Nouvelle taxonomie européenne                                                     | 6475 | Laurent Mosar                      | 94   |
| Arbres malades le long de la Sûre                                     | 6377 | André Bauler                   | 88   | Sécurité routière au lieu-dit « Op der Léier »                                    | 6478 | André Bauler                       | 94   |
| Développement d'une plateforme de taxis gérée par l'État              | 6413 | Max Hahn                       | 88   | Résiliation d'un contrat en ligne                                                 | 6485 | Viviane Reding                     | 94   |
| Importation du gaz liquéfié américain                                 | 6414 | Fred Keup                      | 88   | Refus de transfert à l'étranger par la CNS                                        | 6487 | Nancy Arendt épouse Kemp           | 95   |
| Approvisionnement en gaz                                              | 6418 | Laurent Mosar                  | 88   | Inondations de 2021                                                               | 6492 | Carole Hartmann                    | 95   |
| Redressement de la route (CR319) entre Wiltz et Winseler              | 6440 | André Bauler                   | 89   | Travail des détenus                                                               | 6493 | Dan Biancalana                     | 95   |
| Organisation interne du Rehazenter                                    | 6445 | Laurent Mosar, Max Hengel      | 89   | Chantier sur l'A13 entre Ehlerange et Differdange                                 | 6495 | Marc Goergen                       | 95   |
| Gestion des déchets au Luxembourg                                     | 6451 | Marc Goergen                   | 89   | Chantier sur l'A13 entre Ehlerange et Differdange                                 | 6497 | Myriam Cecchetti                   | 96   |
| Installations photovoltaïques sur le réseau ferroviaire               | 6455 | Paul Galles                    | 90   | « Impfbus »                                                                       | 6501 | Claude Wiseler, Martine Hansen     | 96   |
| Médecin spécialiste en psychiatrie du groupe médical du Rehazenter    | 6457 | Cécile Hemmen                  | 91   | Émissions CO <sub>2</sub> des missions étatiques                                  | 6503 | Myriam Cecchetti                   | 97   |
| Plan d'aménagement général de la ville de Diekirch                    | 6460 | Fred Keup                      | 91   | Quatrième vaccination contre la Covid-19 pour le personnel du secteur de la santé | 6506 | Marc Spautz                        | 97   |
| Médecin spécialiste en psychiatrie du groupe médical du Rehazenter    | 6463 | Laurent Mosar, Max Hengel      | 91   | Limite territoriale concernant les poursuites policières                          | 6508 | Mars Di Bartolomeo, Dan Biancalana | 98   |
| Endométriose                                                          | 6468 | Nancy Arendt épouse Kemp       | 92   | Contrôle du registre des bénéficiaires effectifs                                  | 6510 | Mars Di Bartolomeo, Dan Biancalana | 98   |
| Nouveau commissariat de police sur le territoire de la ville de Wiltz | 6470 | André Bauler                   | 92   | Informations en relation avec les transports publics                              | 6513 | Myriam Cecchetti                   | 99   |

**Règlement concernant la sécurité dans les transports publics** | Question **6237** (23/05/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 1755 vum 22. Januar 2020 hat de Minister fir Mobilitéit iwwert déi nei groussherzoglech Reglementer geschriwwen, déi d'Sécherheet am ëffentlechen Transport nei organiséiere sollen an déi al Reglementstexter sollen ersetzen. Den Text sollt zu deem Moment scho bal fäerdeg gewiescht sinn, sou d'Äntwert vum Minister.

„Do wäerten da Bestëmmungen drastoen, wéi ee Benotzer vum ëffentlechen Transport sech soll behuelen, respektiv wat wien net dierf maachen.“

An der Äntwert op d'Nofro N° 3484 vum 20. Januar 2021, also ee Joer no der éischter Fro, hat de Minister Folgendes geschriwwen:

„Leider huet d'Pandemie et net erméiglecht, dëse komplexen Dossier bis elo ze finaliséieren. An den nächste Wochen däerf een awer mat engem positive Resultat rechnen an den Dossier ka soumadder op den Instanzeweeg goen.“

Op Legilux sinn, Stand haut, awer nach ëmmer déi nämmlechte groussherzoglech Reglementer a Kraaft.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

– Wou sinn déi vum Minister ugekënnegt Reglementstexter drun?

**Réponse** (25/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Den éierewäerten Deputéierte Marc Goergen berëcht sech a senger Fro vum 23. Mee 2022 op zwou

parlamentaresch Froen vum 2020 an 2021, wou et ëm d'Sécherheet am ëffentlechen Transport geeng. Dës Fro ass der Regierung eréischt de 26. Juli 2022 zougestallt ginn.

Effektiv gouf op d'Fro Nummer 1755 zu de geplangte Moosnamen zur Sécherheet geäntwert, datt zwee groussherzoglech Reglementer vum 3. September 1980 sollen duerch en neit Reglement ersat ginn, wouanner d'Bestëmmunge stinn, wéi ee sech als Benotzer am ëffentlechen Transport soll behuelen.

Et gouf och geäntwert, datt et nach gëllt, fir „e Katalog mat de Montante vun de Strofen opzestellen, an zu gudder Lescht ginn nach verschidde Pistennersicht, wie genee déi Strofen applizéiert an op wéi eng Manéier“.

An der parlamentarescher Fro Nummer 3484 geeng et méi spezifesch ëm d'Maskepflicht am ëffentlechen Transport.

Den Aarbechtsgrupp „Ordre et sécurité“, ëm deen an dëser Äntwert nach emol rieds geet, ass effektiv säit der Pandemie a senger ursprüngelecher Form net méi zesummekomm. Den éierewäerten Deputéierten huet och richteg erkannt, datt déi groussherzoglech Reglementer nach net geännert hunn an ech profitéiere vun der Geleeënheet, fir heimat en ausféierlechen Abléck op déi lescht Erkenntnisser a Fortschritter an dëser Thematik ze ginn.

De Katalog, fir d'Bestëmmunge vun den uewe genannte Reglementer vum 1980 ze ersetzen, war zum Zäitpunkt bis virun der Pandemie wéi gesot am Aarbechtsgrupp erstallt ginn. Sou wéi ugekënnegt, sollt nach ënnersicht ginn, wéi een déi jeeweileg Strofen och an der Realitéit kann applizéieren. An engem Reglement

ass et awer net méiglech, d'Sanktiounen ze definéieren an och net déi entsprecheend Prozeduren, déi domat verbonne wieren, well dëst um Niveau vun engem Gesetz muss gemaach ginn.

Am Transportdepartement vum MMTP goufen do wéinst och Virbereedungen erschaft, fir déi entsprecheend Gesetzesbasis ze schafen. Et gouf zréckbehalen, dass sollt eng Trennung gemaach ginn tëschent enger Persoun, déi d'Kompetenz huet, eng Konstatatioun vun enger Infraktioun ze maachen an enger Persoun oder Verwaltung, déi sech ëm d'„sanction administrative“ géif këmmen. Well awer en änleche Gesetzesprojet, nämlech de Gesetzesprojet Nummer 7126 iwwert d'„sanctions administratives communales“ an d'Erweiderung vun de Kompetenzen vun de Gemengebeamten („Pecherten“) nach ëmmer um Instanzeweeg war, goufen d'Aarbechte fir esou eng nei „base légale“ fir den ëffentlechen Transport awer en suspens gehalen, fir net onnëtz Dispositiounen ze schreiwen.

Sou gouf zum Beispill Enn November 2021 am Comité de pilotage sur l'ordre et la sécurité dans les transports publics, deen ech als Minister selwer presidéieren, a wou all Acteure wéi och Gewerkschaften dra vertruede sinn, rappeliert, datt zwar Virbereedungen gemaach goufen, mee datt et ubruecht wier, als éischt den Ofschloss vum Text vum Gesetzesprojet 7126 ofzewaarden

Des Weideren hunn déi zoustänneg Beamten déi lescht puer Méint den Dossier nees méi konkret opgeholl, well et sech erausgestallt huet, datt de Wee vun engem neie Reglement fir de Strofkatalog net dee richtegen ass, mee och dëse Katalog op Gesetzesniveau misst erstallt ginn. Dat huet mat sech bruecht, dass de Katalog nach emol iwwerschaft

gouf, well e fir deen Niveau anescht soll formuléiert an opgestallt ginn. Och muss opgepasst ginn, fir net parallell Infraktiounen a Strofen zu aneren, scho besteeënde virzegesinn, z. B. am Code pénal. Dës Aarbechte goufen haaptsächlech vu menge Beamten an zesumme mat der CFL gemaach, well fir den Zuch den Handlungsbedarf am stäerkste war. Déi aner be-  
traffen Acteure gi selbstverständlech mat abezunn.

E weidere Volet am Kontext vu Sécherheet am öffentlechen Transport ass awer och d'Asetze vun Iwwerwachungskameraen. Och heizou gouf en Text ausgeschafft.

D'Envergure vun engem Avant-projet de loi huet also zougeholl, well et kee Sënn mécht, fir liéiert Sujete getrennte Projeten op den Instanzewee ze ginn. Dobäi kënn nach, dass fir all Volet den Dateschutz eng grouss Roll wäert spillen; e Sujet, dee jiddwerengem an dem éiereweisen Deputéierte Marc Goergen sécher besonnesch wichteg ass.

De Gesetzesprojekt 7126 gouf schlussendlech den 13. Juli 2022 vum Parlament ugeholl, an d'Gesetz vum 27. Juli 2022 „relative aux sanctions administratives communales et à l'élargissement des compétences des agents municipaux“ ass an Tëschenzäit a Kraaft.

Ënnert dëse Viraussetzung wäerte meng Servicer deemno d'Texter fir de Beräich vum öffentlechen Transport nees op de Leescht huelen. De Moment stinn awer d'Froen nach op, wéi eng Prozeduren ee fir d'Sanktiounen am Detail ka virgesinn, wien d'Kompetenz vum Sanctionateur géif kréien, a wéi d'Perceptioun vun der Amende géif ofgewéckelt ginn. Heizou sinn nach Concertatiounen mat anere Ministèren néideg.

Zil ass et, fir d'Gesetz vum 19. Juni 2009, op Basis vun deem en Agent dierf ee Client aus engem Transportmëttel verweisen an den Transportminister engem kann den Zougang zum öffentlechen Transport bis zu engem Joer laang verweigeren, esou ze iwwerschaffen, dass et een eenzeg a kohärente Gesetzestext gëtt, wou:

- déi besteeënd Dispositiounen aus dem Gesetz vum 2009, falls néideg ugepasst sinn,
- déi nei Dispositiounen, d. h. e. Katalog vun Infraktiounen, Constatatiounen, Prozeduren an Amendé mat ageschafft ginn, an
- déi nei Dispositiounen fir eng Videosurveillance mat ageschafft ginn.

#### **Piste cyclable entre Clervaux et Troisvierges | Question 6304 (07/06/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)**

De Bau vun der Vëlospist tëscht Elwen a Clief verleeft zu engem groussen Deel laanscht déi entspre-  
chend Eisebunnsstreck. Fir d'Baustell an den Zuch-  
trafic ofzesécheren, goufen déi zwee duerch en Drot  
vunene getrennt.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär  
dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung matdeelen, iwwer wéi eng Ge-  
samtlängt déi genannt Ofspärung sech erstreckt?
2. Kann d'Regierung matdeelen, ob an op wéi eng  
Manéier dem Wëldwiesel bei der Installatioun vun  
dësem Drot Rechnung gedroe gouf? Falls keng sepa-  
rat Moossname fir de Schutz vum Wëldwiesel virgesi  
wieren, kann d'Regierung da matdeelen, wéi déi De-  
cisoun motivéiert ass?

**Réponse (22/08/2022) de M. François Bausch,** Mi-  
nistre de la Mobilité et des Travaux publics | **Mme**  
**Joëlle Welfring,** Ministère de l'Environnement, du Cli-  
mat et du Développement durable

ad 1. Déi vum honorabelen Deputéierte genannten  
Ofspärung ass op Ufro vun der CFL op enger Längt

vun zwee Kilometer tëscht Ischpelt an der Maules-  
millen opgeriicht ginn. Duerch dës Moossnam kënn  
den d'Aarbechte vun der Stroossebauverwaltung  
parallell zum Zuchtrafic ausgefouert ginn. Anescht  
misst déi ganz Zuchstreck (Linn 10) gespaart ginn.

ad 2. Fir de Wëldwiesel weiderhin ze garantéieren,  
ass dës Ofspärung all 100 m ënnerbrach ginn. Dobäi  
huet dës Öffnung all Kéiers ee Meter.

Mam Wëssen, datt et sech op dëser Plaz ëm eng pro-  
visoresch Ofspärung handelt, ass unzemerken, datt  
dës spéider duerch ee Gelänner aus Holz ersat gëtt,  
wat fir d'Wëld keen Hindernis duerstellt.

#### **Projet « Land of Memory » | Question 6355 (15/06/2022) de Mme Martine Hansen | Mme Octavie Modert (CSV)**

Le but du projet « Land of Memory » (cofinancé par le  
programme Interreg), auquel le Lycée du Nord a parti-  
cipé, consiste à promouvoir des offres transfrontalières  
de tourisme de mémoire autour des conflits du 20<sup>e</sup>  
siècle. Le projet contribue à la préservation du patri-  
moine culturel et naturel, mais aussi à la valorisation  
des connaissances, de l'histoire et de la mémoire col-  
lective de la région. 15 partenaires de la Grande Ré-  
gion coopèrent pour améliorer la visibilité des lieux de  
mémoire et démontrent l'importance des sujets y affé-  
rents.

Du côté du Grand-Duché on compte parmi les lieux de  
mémoire les plus importants faisant partie du projet  
susmentionné le Schumannseck avec son Sentier du  
souvenir, le couvent de Fünfbrunnen et le Sentier des  
passeurs pour n'en citer que quelques-uns.

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions  
suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation natio-  
nale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

- 1) De quelle façon les événements marquants de l'his-  
toire du Grand-Duché du 20<sup>e</sup> siècle tels que la bataille  
des Ardennes et ses lieux de mémoire sont-ils actuelle-  
ment intégrés dans le programme scolaire de l'ensei-  
gnement secondaire ?
- 2) Comment Monsieur le Ministre juge-t-il l'importance  
actuellement accordée à l'histoire luxembourgeoise du  
20<sup>e</sup> siècle par les programmes scolaires ?
- 3) Monsieur le Ministre entend-il valoriser davantage  
ces sujets sur le plan de l'éducation nationale ?
  - Dans l'affirmative, de quelle façon et dans quel dé-  
lai ?
  - Dans la négative, comment Monsieur le Ministre mo-  
tive-t-il sa position que les faits marquants de l'histoire  
du Grand-Duché seraient d'ores et déjà traités de façon  
exhaustive ?

**Réponse (25/08/2022) de M. Claude Meisch,** Mi-  
nistre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la  
Jeunesse

À l'enseignement secondaire général, l'histoire du XX<sup>e</sup>  
siècle et de la Deuxième Guerre mondiale figure au  
programme de la classe de 5G ; le manuel « Entdecken  
und Verstehen », confectionné par des professeurs  
d'histoire luxembourgeois, est centré sur l'histoire lu-  
xembourgeoise. Les sujets traités englobent notam-  
ment la politique d'occupation, la propagande natio-  
nale-socialiste, la persécution des juifs, la résistance et  
la collaboration ou encore l'offensive des Ardennes.  
Deux pages sont consacrées aux lieux de mémoire  
(Denkmäler untersuchen) comme par exemple le Mo-  
nument de la solidarité nationale ou la Gëlle Fra. En  
classe de 4G sont analysées les conséquences de deux  
guerres mondiales sur l'histoire de notre pays.

À l'enseignement secondaire classique, les program-  
mes en vigueur imposent aux titulaires de traiter de  
l'histoire luxembourgeoise tout en leur laissant une  
certaine latitude quant au volume qu'ils entendent lui  
réserver. Il est précisé que « les savoirs mettent en  
relation l'histoire du monde, l'histoire de l'Europe et  
l'histoire du Luxembourg » et qu'il « ne s'agit pas de  
raconter un « roman national », mais de traiter de ma-  
nière plus systématique l'histoire du Luxembourg, en  
prenant en considération l'espace politique, culturel,  
économique et social dans lequel est inséré le pays ».

Une réforme de l'enseignement de l'histoire entrera en  
vigueur avec la rentrée de l'année scolaire 2022-2023  
dont l'un des buts est de renforcer encore la présence  
et la visibilité de l'histoire luxembourgeoise.

Par ailleurs, dans les deux ordres d'enseignement, un  
groupe de travail mis en place en collaboration avec  
le Service de coordination de la recherche et de l'in-  
novation pédagogiques et technologiques (SCRIPT)  
est chargé de dresser l'inventaire de l'ensemble du  
matériel pédagogique et de toutes les activités exis-  
tant d'ores et déjà dans le domaine de l'enseignement  
de l'histoire. In fine, il s'agit d'élaborer des fiches de  
travail destinées à compléter les manuels et à accor-  
der une place plus importante à l'histoire luxembour-  
geoise.

En dehors des programmes scolaires proprement dits,  
l'histoire luxembourgeoise est également au centre  
d'une importante série d'initiatives et d'offres pédago-  
giques lancées par le Zentrum fir politesch Bildung  
(ZpB) à l'intention du public scolaire. Qu'elles soient ici  
brièvement énumérées :

- chaque année, dans le cadre de la Journée de la mé-  
moire de l'Holocauste, le ZpB organise des projections  
de films et des lectures scéniques destinées à un public  
scolaire ainsi que des formations continues pour ensei-  
gnants ;
- l'ancien couvent de Cinqfontaines, où près de 300  
Juifs furent internés avant leur déportation pendant la  
Seconde Guerre mondiale, est aujourd'hui un lieu dé-  
dié à la mémoire des victimes de la Shoah ainsi qu'un  
lieu d'apprentissage et de rencontre avec une offre  
d'éducation à la citoyenneté. Le ZpB, en collaboration  
avec le Service national de la jeunesse (SNJ), propose  
des visites guidées pour des groupes scolaires à par-  
tir du cycle 4.2 de l'enseignement fondamental. Ces  
visites peuvent être complétées par des ateliers traitant  
e. a. de la discrimination ou de la mémoire ;
- dans le cadre d'un partenariat entre le ZpB et le  
United States Holocaust Memorial Museum, l'exposi-  
tion itinérante « State of Deception » documente les  
méthodes de propagande nazie et examine la façon  
dont la propagande nazie a façonné la société alle-  
mande. Cette exposition est gratuitement mise à la  
disposition des lycées ;
- le ZpB a aussi élaboré un certain nombre d'offres  
pédagogiques destinées aux enseignants et aux  
éducateurs. Ainsi, un dossier pédagogique sur la mé-  
moire en général (dont celle liée à la Seconde Guerre  
mondiale au Luxembourg) de même qu'un dossier  
accompagnant la publication « La Deuxième Guerre  
mondiale au Luxembourg » développée par le Comité  
pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale,  
sont disponibles à tout multiplicateur souhaitant tra-  
iter du sujet avec des jeunes ;
- la « 50 Faces-Box » a été développée en tant qu'outil  
didactique présentant 50 biographies de guerre. Cette  
boîte permet d'aborder différentes thématiques liées à  
l'expérience la Deuxième Guerre mondiale dans une  
perspective luxembourgeoise : occupation, injustice,  
dictature et génocide. Elle ouvre également le débat  
sur les différentes « Mémoires » et a été réalisée en  
coopération avec le Musée national d'histoire militaire



et le Musée national de la résistance et des droits humains.

Les offres du ZpB sont présentées dans le cadre de formations continues proposées par l'Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN) et axées sur l'intégration des outils dans les cours et leur utilisation avec des groupes de jeunes.

ad 2) et 3) Comme il a été montré plus haut, l'histoire luxembourgeoise occupe actuellement dans notre enseignement une place de choix que les travaux en cours ont pour but de renforcer encore.

#### **Arbres malades le long de la Sûre** | Question 6377 (20/06/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Laanscht d'Uelzecht an d'Sauer schéngen eng ganz Rëtsch Beem krank oder vun engem Insekt befall ze sinn. Jiddefalls sinn d'Blieber vun dese Beem gefriess ginn a schéngen och net méi nei ze schéissen. Sou z. B. tëscht Ettelbréck an Dikrech laanscht d'Enner-sauer.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltig Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Ass d'Naturschutzverwaltung dësem Phänomen schonn op de Fong gaangen?

2. Ëm wat fir eng Kränkt handelt et sech?

3. Handelt et sech heibäi ëischer ëm een zäitweiligen oder ëm ee reng zoufällege Phänomen?

**Réponse** (19/08/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. an 2. Der Naturverwaltung ass opgefall, dass verschidde Weiden zu engem Moment keng Blieber haten.

Alles deit drop hin, dass d'Blieber vun Insektelarve gefriess goufen. Fir d'Identifikatioun ze maachen, hätten d'Insekte während dem Friesse bestëmmt misse ginn. Nodrëglech eng genau Analys ze maachen ass net méiglech.

Et sief bemierkt, dass dëst duerchaus een natierleche Phänomen ass.

ad 3. Sou eng Situatioun kënnt ëmmer an der Natur vir, wann den Zäitpunkt vum Lafausdriff mam Moment, wou déi meeschten Insektelarve virkommen, iwwertenee fält. Et kann een dovun ausgoen, dass déi meeschte Beem sech erëm erhuelen an nach am Laf vum Summer een zweeten Driff wäerte maachen. Wann d'Wiederkonditiounen weider sou defavorabel fir d'Beem bleiwen, kann awer och net ausgeschloss ginn, dass verschidde Weiden (ewéi och aner Beem) ofstierwe wäerten.

#### **Développement d'une plateforme de taxis gérée par l'État** | Question 6413 (28/06/2022) de **M. Max Hahn** (DP)

Den Här Minister huet viru Kuerzem d'Schafe vun engem Plattform annonciert, déi änlech wéi Uber soll funktionéieren.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

– Kann den Här Minister weider Informatiounen zu dëser Plattform ginn? Wat sinn d'Konditiounen, fir sech als Chauffeur unzemellen? Wéi eng Zort Offer wäert ugebuede ginn (Ride-hailing, Reservéierung am Virfeld, ...)?

– Wäert dës Plattform bestoend Plattformen am Taxissektor ersetzen? Ass geplangt, dës Plattform an d'Mobilitéitsapp ze integréieren?

– Wat sinn d'Grënn, firwat de Staat esou eng Plattform entwéckelt, amplaz de Sektore selwer?

– Wat ass de Käschtepunkt, fir dës Plattform ze entwéckelen?

– Wéini soll dës Plattform operationell sinn?

**Réponse** (22/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

D'Iddi vun engem Plattform, déi änlech wéi Uber oder aner vergläichbar Ubidder funktionéiere soll, baséiert sech op engem aktuelle Manktem vun Transparenz bei der Offer an de Präisser, wéi och d'Garantiéierung vum Anhalen vun der Aarbechtsgesetzgebung an de soziale Standarden am Sektore. Ausserdeem sollen déi zwee Typen vu Servicer, d'Taxien a VLCen (voiture de location avec chauffeur) zu engem eenzege Regime zesummegefuert ginn. Dëst entsprécht och de Rekommandatiounen, déi déi Europäesch Kommissioun de 4. Februar 2022 iwwert de lokale bezuelt Passagéiertransport erausginn huet, fir dës Servicer an Europa méi eenheetlech ze reegelen a fir Abusen ze ënnerbannen.

Wéi genee esou eng Plattform lo kéint ausgesinn a wat déi genee Modalitéiten sinn, soll an deenen nächste Wochen an engem Aarbechtsgrupp zesumme mat den Acteuren aus dem Sektore ausgeschafft ginn. Am spéiden Hierscht misst da feststoen, wéi de Projet weidergeet.

Well viles vum Resultat vun dëse Gespréicher ofhänkt, ass et am Moment nach net méiglech, fir op déi aner Froen ze äntweren.

#### **Importation du gaz liquéfié américain** | Question 6414 (28/06/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Am Kader vun den Energiesanktiounen géint Russland gëtt och de verstärkten Import vum amerikanesche Flëssgas LNG, deen iwwert déi ëmstridde Fracking-Method gewonnen gëtt, als potenziell Alternativ diskutéiert.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

– Verfüügt d'Regierung iwwer eng Vergläichstudie, déi de vollständigen ökologesche Foussfootprint vum Uelegimport iwwer Pipeline an dem Import vum amerikanesche Flëssgas dokumentéiert? Falls net, gesäit d'Regierung vir, zäitno eng entsprechend Etude an Opdrag ze ginn?

**Réponse** (19/08/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Generell ass ze soen, dass laut der Internationaler Energieagentur 15 % vun de weltwäit energiebezunnenen Zäregasemissiounen bei der Fërderung an dem Transport vun Ueleg a Gas entstinn („The Oil and Gas Industry in Energy Transitions“, IEA, 2020, S. 8). Dobäi sinn den Haaptproblem d'Methanemissiounen, déi genauou an der Gas- wéi an der Pétrolsproduktioun beim iwwerierdesche Betrib entstinn. Methan ass en Zäregas mat engem Treibhauspotenzial vun 28, dat heescht 28-mol méi héich wéi dat vum CO<sub>2</sub>.

Weeder d'Notzung vun Ueleg, nach vu Gas, ass deem- no mat eise Klimaziler vereinbar. D'Zil vun der Regierung ass dofir, de Verbrauch vun dësen Energien an eisem Land ze reduzéieren a mëttelfristeg duerch d'aktiv Fërderung vun den erneierbaren Energien an

der Energieeffizienz ganz a Richtung Klimaneutralitéit ze goen. Dat ass och e konkreete Beitrag zu méi Versuergungssecherheet an Onofhängegkeet.

#### **Approvisionnement en gaz** | Question 6418 (29/06/2022) de **M. Laurent Mosar** (CSV)

Les ministres de l'Énergie de l'Union européenne étaient réunis ce lundi pour discuter de la crise énergétique qui fait suite à l'agression de la Russie contre l'Ukraine. La Russie utilise en effet l'énergie comme arme pour mettre les autres pays sous pression, ce qui entraîne pénuries et explosion des prix sur le marché énergétique. La situation est particulièrement préoccupante pour les mois froids à venir : Monsieur le Ministre de l'Énergie a évoqué dans ce contexte un « hiver difficile ».

Dans le cas où il y aurait un problème d'approvisionnement en gaz, il existe un plan de délestage des réseaux de gaz naturel et une liste des entreprises qui devraient réduire voire totalement suspendre leurs activités, pour assurer un approvisionnement suffisant des ménages et consommateurs privés.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Énergie et Monsieur le Ministre de l'Économie :

1) Sur quels critères a été établie la liste susmentionnée ?

2) Monsieur le Ministre de l'Énergie a expliqué dans une interview télévisée avoir discuté avec les représentants du secteur industriel pour identifier la manière de faire des économies d'énergie au niveau des entreprises. Est-ce qu'il y a également eu un échange avec les représentants du secteur industriel pour établir les critères de la liste susmentionnée ?

3) Quelles sont les aides prévues pour les entreprises qui pourraient être obligées de réduire voire totalement suspendre leurs activités ? Est-ce que ces entreprises pourraient recourir au chômage partiel ?

4) Le Gouvernement estime-t-il que les aides actuellement en place ou en cours de mise en place sont suffisantes pour amortir les effets de l'explosion des prix sur le marché énergétique ?

**Réponse** (26/08/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

ad 1) La loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel prévoit dans son article 18 que les gestionnaires de réseaux de gaz naturel sont tenus, en cas d'événements exceptionnels, de prendre toutes les mesures préventives nécessaires afin de limiter la dégradation de la sécurité, de la fiabilité ou de l'efficacité du réseau. Ces mesures peuvent aussi comporter l'interruption de la fourniture.

Dans ce contexte, les gestionnaires de réseaux avaient élaboré conjointement en 2009 un premier plan de délestage qui décrit comment la consommation de gaz naturel peut être adaptée à une situation d'urgence en délestant, le cas échéant, certaines catégories de clients tout en assurant autant que possible l'approvisionnement des clients résidentiels qui sont considérés comme clients protégés. Ce plan de délestage a été mis à jour une dernière fois en février 2022 par les gestionnaires de réseaux en considérant toujours que ce plan reste une mesure de dernier recours, et qui constitue un instrument permettant aux gestionnaires d'agir rapidement à une dégradation potentielle de la sécurité et de la fiabilité des réseaux. À cette fin, des niveaux de priorisation ont été définis pour lesquels les

entreprises industrielles connectées au réseau de transport haute pression sont les clients. Ces derniers clients sont délestés en premier et les clients résidentiels sont délestés en dernier. Les clients professionnels raccordés aux réseaux de distribution se trouvent entre ces deux catégories de clients. Le raisonnement pour établir ces niveaux de priorité est surtout que les gestionnaires de réseaux peuvent agir sur un nombre limité de clients industriels pour réduire, dans une première étape, substantiellement la consommation et stabiliser ainsi la pression dans les réseaux.

Le plan de délestage tel qu'il a été élaboré par les gestionnaires de réseau est une mesure d'urgence qui permet de réagir rapidement à une situation exceptionnelle limitée dans le temps, et qui ne leur laisse pas le temps d'informer les consommateurs concernés longtemps à l'avance.

Il convient de signaler que ce plan de délestage ne contient pas encore la stratégie de réduction structurelle et long terme de la consommation de gaz naturel devenue nécessaire dans le contexte de la guerre en Ukraine et la pénurie de gaz sur les marchés européens. En effet, d'après l'accord politique des ministres de l'Énergie de l'UE le 26 juillet 2022, les États membres sont tenus de se préparer à d'éventuelles perturbations de l'approvisionnement en gaz en provenance de Russie moyennant une réduction de 15 % de la demande de gaz naturel pour cet hiver et de mettre à jour leurs plans d'urgence nationaux avant le 31 octobre 2022 afin de tenir compte des mesures de réduction volontaires et obligatoires de la demande. En ce moment, des échanges réguliers et soutenus entre le Gouvernement et la Fedil ont lieu afin de concrétiser des potentiels de réduction volontaires avec les acteurs industriels.

ad 2) En effet, les gestionnaires de réseau ont récemment adressé un courrier à tous les consommateurs qui sont directement concernés par le plan de délestage et leur ont rappelé le niveau de priorité auquel ils font partie. En plus, plusieurs réunions ont eu lieu entre la Fedil, ses membres et les Ministères de l'Énergie et de l'Économie pour leur présenter les principes du plan de délestage et pour discuter l'approche de la mise à jour du plan d'urgence. Suite à cette réunion, la Fedil a envoyé un questionnaire à ses membres pour mieux comprendre leurs besoins en gaz naturel et les solutions de repli qu'ils ont éventuellement en place.

ad 3) Il n'est pas exclu que, si certaines entreprises devaient diminuer leur consommation ayant un impact sur leur production ou leur activité par l'application du plan d'urgence et/ou du plan de délestage, cela puisse également avoir un impact sur l'emploi des salariés de cette entreprise. Lors de sa prochaine réunion, le Comité de conjoncture analysera le scénario de telles interruptions possibles et proposera des solutions qui pourraient être trouvées pour les salariés éventuellement concernés.

ad 4) Les aides actuellement en place avaient comme but d'amortir les hausses inattendues du prix de l'énergie en adoptant une approche aussi pragmatique que possible. Les évolutions actuelles des marchés de l'énergie laissent présager que les niveaux de prix du gaz et de l'électricité continuent à augmenter. Il s'agit dans la phase actuelle de préparer un réajustement des aides et de les cibler aussi davantage sur les plus démunis.

**Redressement de la route (CR319) entre Wiltz et Winseler** | Question 6440 (04/07/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Il y a un an, suite à des pluies torrentielles, la route (CR319) entre Wiltz et Winseler s'est écroulée sur un

tronçon de quelque trois mètres si bien qu'elle n'y est carrossable que sur une seule voie. Des feux rouges règlent depuis cet événement le trafic sur le tronçon concerné.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Monsieur le Ministre peut-il informer, le cas échéant, si l'Administration des ponts et chaussées est actuellement en train d'élaborer un projet de redressement afin de remédier à cette situation dans les délais les meilleurs, de préférence avant la saison hivernale à venir ?

2) Quel serait le coût prévisible des travaux à réaliser en cet endroit du CR319 ?

3) Pour quand la soumission publique pourrait-elle avoir lieu au plus tard ?

**Réponse** (16/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) Conscient de l'état du chemin repris CR319 entre Wiltz et Winseler, l'Administration des ponts et chaussées élabore actuellement un projet visant à remédier à la situation existante.

La reconstruction s'avère très complexe en raison de circonstances difficiles, à savoir l'écroulement du mur de soutènement, l'accumulation de conduites d'alimentation dans la chaussée (gaz, électricité, télécommunication et canalisation) et un talus déstabilisé de 30 m de haut.

Jusqu'à présent, les études géotechniques y afférentes ont été finalisées et plusieurs variantes ont été élaborées, dont une a pu être retenue.

Actuellement, l'élaboration du dossier de soumission est en cours.

ad 2) Le coût prévisionnel de ces travaux s'élève à 750.000 €.

ad 3) Il est prévu de lancer la procédure de soumission d'ici la fin de l'année et de commencer les travaux à l'été 2023.

**Organisation interne du Rehazenter** | Question 6445 (05/07/2022) de **M. Laurent Mosar** | **M. Max Hengel** (CSV)

Selon nos informations, il existe depuis quelque peu des tensions entre le conseil médical et la direction générale du Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation quant à l'organisation interne du Rehazenter. Le corps médical se plaint que le Rehazenter ne dispose plus d'un directeur médical qui était e. a. responsable pour la coordination entre les médecins traitants et les thérapeutes. Le remaniement de l'organigramme aurait été fait sans le consentement du conseil médical. Dans ce contexte nous voudrions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé.

1) Est-ce que Madame la Ministre peut confirmer que le poste du directeur médical du Rehazenter reste vacant depuis mars 2021 ?

– Dans l'affirmative, pour quelles raisons le poste du directeur médical reste vacant depuis plus d'un an ?

2) Est-ce qu'il sera procédé à la nomination d'un nouveau directeur médical, étant donné que le poste figure toujours sur l'organigramme du Rehazenter tel qu'il est publié sur le site Internet ?

– Si oui, dans quels délais cette nomination est envisagée ?

3) Est-ce que l'absence d'un directeur médical ne risque pas de perturber le bon fonctionnement du Rehazenter ?

4) Est-ce que Madame la Ministre peut confirmer que le pool des secrétaires médicales a été mis sous l'autorité du comité de direction, respectivement de la direction des soins ?

– Si oui, quelles sont les raisons pour ce changement ?

5) Est-ce que Madame la Ministre peut confirmer qu'un médecin vacataire du Rehazenter a été menacé de licenciement, ceci en absence d'une faute grave ?

**Réponse** (16/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) En ce qui concerne le poste de directeur médical, effectivement vacant depuis mars 2021, il convient de préciser que le Rehazenter n'a pas d'obligation légale de nommer un directeur médical, en référence à l'article 31 de la loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière.

Au moment de la désignation du nouveau directeur général, il a été retenu que la vacance de poste du directeur médical serait discutée ultérieurement, sachant que le nouveau directeur général, en poste depuis le 1<sup>er</sup> mars 2021, remplit cette fonction à 100 % alors que ses prédécesseurs cumulaient les postes de directeur général et de directeur médical.

ad 2) La question de pourvoir le poste du directeur médical a déjà été abordée à plusieurs reprises lors de réunions du conseil d'administration et sera formellement inscrite à l'ordre du jour du conseil d'administration de septembre 2022.

ad 3) L'absence d'un directeur médical en soi ne perturbe pas le bon fonctionnement du Rehazenter, car d'une part le directeur général préside la réunion hebdomadaire des médecins et d'autre part l'organigramme prévoit deux coordinateurs médicaux dont la mission est de concevoir, coordonner, développer et garantir le bon fonctionnement de l'activité médicale au sein de leur secteur respectif. Il convient de préciser que les coordinateurs médicaux assistent aux réunions du comité de direction et ont des échanges hebdomadaires avec la direction.

ad 4) De droit, il n'y a pas eu de modification de positionnement hiérarchique des secrétaires médicales qui dépendent de la fonction de direction médicale. Vu que ce poste est actuellement vacant, le directeur général a délégué certaines questions de la gestion journalière à la direction des soins.

ad 5) S'agissant de l'occurrence d'un médecin vacataire, il ne put y avoir de menace de licenciement. La situation du médecin en question aurait dû être régularisée par le biais de la signature d'un contrat-type de médecin coopérant, ce que l'intéressé a refusé de faire.

**Gestion des déchets au Luxembourg** | Question 6451 (06/07/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

An enger ARD-Dokumentatioun iwwert de Plastiksmüll, „Die Recyclinglüge“, gëtt op verschidde Mësstänn bei der Entsorgung vun Offall opmierksam gemaach.

Vun de 6 Milliounen Tonne Plastikoffall, déi järelech an Däitschland produziéiert ginn, solle manner wéi 5 % op en Neits verwennt ginn. Oft gëtt dës Zuel awer als 45 % duergestallt, well de Plastik a Schnipsel zerklengert an a Bëtongfabrike verhëtzt géif ginn.



Dozou kënt nach dee vum Consommateur a sengem Stot getrennten Offall, deen awer anscheinend massiv z. B. an Asien am Mier entsuergt géif ginn. Och géif getrennten a fir de Recycling prett gemaachene Offall an aner Länner exportéiert an do einfach verbrannt ginn. Beonrouegend ass, dass exportéierten Offall an Däitschland als recycéléiert gëllt, wat dann nom Export domadder geschitt, ass net gewosst.

Bezitt sech d'Dokumentation op d'Entsorgung vun däitschem Offall, sou erginn sech dach eng Rëtsch pertinent Froen, déi een sech och zu Lëtzebuerg sollt stellen.

An deem Zesummenhang wëlt ech der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froen stellen:

1. Wéi vill Tonnen Offall (opgelëscht no Kategorie vun Offall) ginn all Joer zu Lëtzebuerg produzéiert?
2. Wéi vill Tonnen Offall (opgelëscht no Kategorie vun Offall) ginn all Joer hei am Land recycéléiert?
3. Wéi vill Tonnen Offall (opgelëscht no Kategorie vun Offall) ginn all Joers vu Lëtzebuerg aus exportéiert?
  - a) A wéi eng Länner ginn dës Quantitéiten exportéiert?
  - b) Ginn et Länner, déi nëmme bestëmmten Zorte vun Offall aus Lëtzebuerg importéieren? Falls jo, wéi eng sinn dat a wéi eng Zorten a Quantitéiten vun Offall importéieren dës Länner?
4. Wéi vill Tonnen Offall (opgelëscht no Kategorie vun Offall) ginn all Joers vu Lëtzebuerg importéiert an aus wéi eng Länner?
5. Wéi eng Offallzorte ginn am Programm vun der SuperDrecksKëscht aktuell nach net recycéléiert? Wat geschitt mat dësen Offallzorten?
6. Wéi vill Offall gëtt bannent der Aktioun SuperDrecksKëscht an d'Ausland exportéiert?
7. Kann d'Ministesch ausschléissen, dass déi verschidde Mëssstänn aus dem Reportage „Die Recyclinglüge“ op d'Aktioun SuperDrecksKëscht zoutreffen?

**Réponse** (19/08/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

D'Tabell gëtt en Iwwerbléck iwwer verschidden Offallfraktiounen, déi an de Joren 2018–2020 vun den Haushalter produzéiert a separat agesammelt goufen.

ad 2. Vun den Haushaltsoffäll, déi zu Lëtzebuerg ufaalen, ginn ausschliisslech déi organesch Offäll direkt zu Lëtzebuerg recycéléiert. An deem Fall waren dat 100 % vun den agesammelten Offäll aus der Tabell uewendriwwer.

ad 3. (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

a) (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Wéi een am Tableau gesäit, gi ronn 85 % vun de separat gesammelte Fraktiounen aus den Haushaltsoffäll, déi exportéiert ginn, an ons dräi Nopeschlänner exportéiert.

b) Wéi een am Tableau aus der Fro 3. a) gesäit, ginn d'Offäll nëmmen an e puer Länner exportéiert. Och wann hei verschidde Länner méi vun där enger oder anerer Offallfraktioun unhuelen, ass hei awer kee Land, wat nëmmen eng bestëmmten Zort vun Offall aus Lëtzebuerg importéiert.

ad 4. (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

De gréissten Deel vun den importéierten Offäll ginn an der Stolindustrie verschafft. Weider Fraktiounen ginn an Holzverwäertungsanlagen an der Bëtongsproduktioun thermesch oder stofflech verwäert. Zousätzlech ginn nach organesch Offäll aus der Groussregioun an e puer Lëtzeburger Biogasanlage verschafft. Bei de Fraktiounen mat klengen Quantitéiten handelt et sech an der Reegel ëm Offäll vu klengen Betriber aus der Groussregioun, déi zu Lëtzebuerg gesammelt gi fir triéiert ze ginn.

Bei den importéierten Offäll ass d'Hierkonftsland der Ëmweltverwaltung da bekannt, wann den Offalltransport enger Notifikatioun ënnerläit. Bei deenen Offäll, déi mat der sougenannter „procédure simplifiée“ importéiert ginn, ass et méiglech, unhand vun de Begleeddokumente rauszufannen, wou se hierkommen. Souwuel déi Persoun, déi den Transfert organiséiert, wéi och den Empfänger vum Offall muss déi Dokumenter halen an op Nofro virweise kënnen. Dat bréngt mat sech, datt et net méiglech ass, ouni gréisser an zäitopwänneg Datenanalysen opzeschlüsselen, wéi eng Fraktiounen aus wéi enge Länner kommen.

ad 5) D'Offallzorten, déi vun der SuperDrecksKëscht (SDK) agesammelt ginn, kënnen net all recycéléiert ginn a musse ganz oder zum Deel eliminéiert ginn. Esou verhënnert zum Beispill bei verschiddene Produiten den Undeel u geféierleche Komponenten, datt dës Produite recycéléiert kënnen. Dës Produite mussen deemno an enger Héichtemperaturverbrennungsanlag entsuergt ginn, fir geféierlech Inhalter ze zerstëieren.

Um Internetsite vun der SDK ginn d'Detailer iwwer d'Verwäertungsprozesser vun alle Produiten, déi vun der SDK agesammelt ginn, opgelëscht:

<https://sdk.lu/de/ressourcenpotential-ruckproduktion/>

Well et keen unerkannte Standard zur Bewäertung vu Recycling-/Verwäertungsprozesser gëtt, huet d'SDK virun zéng Joer, zesumme mam deemolege CRTE (Centre de ressources des technologies pour l'environnement) en Instrument zur Bewäertung entwéckelt. Hei gëtt bei all Produit den Undeel u Recycling, thermescher Verwäertung (an déi heimat verbonnen Aspuerung vu Primärressourcen) an Eliminatioun ausgewisen. Den Tool – Ressourcepotential – ass ISO14024:2018 zertifizéiert a gouf och vun der EU-Kommissioun als „Good practice tool“ unerkannt:

Resources potential – certification beyond recycling rates | European Circular Economy Stakeholder Platform ([europa.eu](http://europa.eu))

ad 6. 2021 goufen iwwer d'SDK 6.621.600 kg Offall agesammelt. Heivu goufe folgend Quantitéiten zu Lëtzebuerg recycéléiert:

- 33.360 kg Drockgasflasche bei der Firma Presta Cylinders,
- 5.192 kg Faarwen a Lacker bei der Firma Peintures Robin Farben,
- 4.521 kg Käerze bei der Firma – Käerzefabrik Peters Kerzen.

All weider Offäll goufen an d'Ausland exportéiert.

ad 7. Duerch de Vertrag tëscht der OSL (Oeko-Service Luxembourg) an dem Ëmweltministère ass d'OSL verflücht, streng Critère bei der Gestiou vun dësen Offäll anzehalen. Hei gëtt besonnesch op de Paragraph 3.2.3.3 aus dem Vertrag tëscht der OSL verwisen, wou de Virrang vun der Weiderverwäertung an dem Recycling festgehalen ass:

„3.2.3.3 Recycling, Verwertung und Entsorgung der Altprodukte.“

Die OSL als Ausführende der SuperDrecksKëscht ist verantwortlich für die Suche nach Empfängern für die gesammelten Altprodukte. Die Auswahl dieser Empfänger wird unter Beachtung folgender Kriterien erfolgen:

– Die Empfänger müssen die bestverfügbare Technik für den bestmöglichen Schutz der menschlichen Gesundheit und der Umwelt einsetzen.

– ...

– Der Vorrang gilt der Wiederverwendung und dem Recycling der Altprodukte; eine sonstige insbesondere thermische Verwertung ist nur dann möglich, wenn die Wiederverwendung oder das stoffliche Recycling nicht machbar sind.

– Die Altprodukte dürfen nur dann beseitigt werden, wenn weder die Wiederverwendung, das Recycling noch die sonstige Verwertung möglich sind.

– ...

Die OSL wird die Empfänger regelmäßig kontrollieren, um mindestens sicherzustellen, dass sie den vorgenannten Kriterien genügen. Die OSL kann ebenfalls weitere Kriterien überprüfen, die sie für notwendig hält, damit die Qualität der Aufbereitung der gesammelten Altprodukte gewährleistet wird. Eine Kontrolle durch die OSL von Empfänger im Ausland kann auch von der Administration angefragt werden.

Die OSL ist verantwortlich für die Beförderung der gesammelten Altprodukte zu den Empfängern.

Die OSL ist verantwortlich für die Erledigung der eventuell für die Transporte notwendigen Notifizierungsverfahren.“

Zousätzlech zu dëse vertragleche Verflüchtungen ginn am Kader vum Notifizierungsprozess, am Kader vun Zertifizierungen (EMAS, ISO14001, ISO14024, Red-Cert) an duerch d'IED-Bestëmmungen (loi modifiée du 9 mai 2014 relative aux émissions industrielles) weider Kontrollen duerchgefouert, déi Mëssstänn solle virgeben.

.....  
**Installations photovoltaïques sur le réseau ferroviaire** | Question **6455** (07/07/2022) de **M. Paul Galles** (CSV)

Mir sinn dorobber ugewisen, ons erneierbar Energiequellen an Zukunft méi séier auszubauen, fir esou onofhängeg vun de fossilen Energieträger ze ginn. An Däitschland gëtt dofir e Pilotprojet ënnerstëtzt, wou getest soll ginn, ob et méiglech ass, Solarpanéil tëscht den Eisebunnsschienen ze verbauen, fir esou grénge Stroum ze produzéieren.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un den Här Energieminister stellen:

1. Erkennt d'Regierung d'Potenzial vu Solarpanéil am Gleisbett un an hält se dat fir realisierbar?
2. Sollten d'Resultater vum Pilotprojet positiv sinn, wär dann eng Zesummenaarbecht mat der Entrepris Bankset Energy an der Deutschen Bahn diesbezüglich ze envisagieren?
3. Ass d'Regierung gewëllt, bei esou innovativen Projeten an Zukunft matzewierken?  
Wa jo, mat wéi enge Mëttele wëllt een dat ënnerstëtzen?

**Réponse** (10/08/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Solarpanéil kënnen am Gleisbett net agesat ginn, well se d'Ausféiere vu verschiddenen, reegelméisseg duerchgefëierten Entretienaarbechten, wéi

zum Beispill Bourrage/Regalage vum Gleisschotter a Schinneschläfen, behënneren a well och de Risiko be-steet, dass se bei dësen Aarbechte beschiedegt ginn.

Unhand vun den zur Verfügung stoenden Informa-tioune kann een d'Realisierbarkeet vun dësem Pro-jet nëmme schwéier aschätzen.

ad 2. Ënner Berécksiichtegung vun deene bedeitenden Nodeeler ass sou e Projet nëmme schwéier ze envisa-géieren op eisem Lëtzeburger Eisebunnsreseau.

A senge stänneg lafenden Analyse kuckt de Ministère fir Energie zesumme mat aneren zoustännege Minis-tèren och ëmmer erëm, wéi eng Méiglechkeeten et op Terrain vum Staat kéint ginn, ë. a. och laanscht Autobunnen a Schinneweeër (cf. Questions parlemen-taires N° 4849 an N° 4324). Net zulescht d'Sécherheets-aspekter sinn an dësen zwee konkrete Fäll immens wichteg. An deem Sënn ass et ze begreissen, datt scheinbar den TÜV Rheinland am Optrag vum „Deut-sche Zentrum für Schienenverkehrsforschung (DZSF) beim Eisenbahn-Bundesamt“ elo eng Etüd mécht, fir generell ze kucken, wéi eng Systemer iwwerhaapt op, direkt nieft oder an de Schinneweeër praktikabel wäeren.

De Lëtzeburger Staat steet och um europäeschen Ni-veau a Kontakt mat Forschungsgruppen, déi vun der Europäescher Kommissioun presidéiert ginn a beson-nesch am Eisebunnsberäich schaffen, fir d'Objektiver vum Green Deal ze errechen.

Parallèll dozou, well et wichteg ass, eng energieetesche Autonomie ze errechen, ginn all nei Flächen, zum Beispill P&R Daachfläche bei de Garen, déi momentan am Bau oder geplangt sinn, mat Photovoltaikanlagen ausgestatt.

ad 3. Heizou ass et, wéi uewe beschriwwen, verfréit, fir eng Ausso ze maachen.

#### Médecin spécialiste en psychiatrie du groupe mé-dical du Rehazenter | Question 6457 (07/07/2022) de Mme Cécile Hemmen (LSAP)

Depuis le 1<sup>er</sup> juillet 2022, le médecin spécialiste en psychiatrie ne fait plus partie du groupe médical du Rehazenter. Ce départ, sans qu'il n'y ait eu de préavis ou de délai – et dont les circonstances ne font pas l'objet de ma question parlementaire –, a mené à une interruption brutale des traitements médicaux en cours, un délaissement de patients en souffrance, en dépression et pour certains, en désespoir. Ce qui n'est pas sans poser des questions d'un point de vue déontologique.

Dans ce cadre j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Comment Madame la Ministre apprécie-t-elle, d'un point de vue déontologique, une telle interruption qui risque de mener à une détérioration de l'état de santé de certains patients ?

2) En absence du médecin psychiatre, le Rehazenter entamera certainement des efforts afin de remplir rapidement ce vide. Or, la pratique montre qu'enga-ger un nouveau médecin dure parfois des mois. Une période pendant laquelle les patients ne seront pas pris en charge selon les règles de l'art. Madame la Ministre a-t-elle été mise au courant que le médecin partant a proposé une solution intermédiaire et limi-tée dans le temps afin de garantir la continuité des soins jusqu'au moment de l'arrivée d'un nouveau médecin psychiatre ? Le cas échéant, cette solution a-t-elle été retenue ?

3) Au cas où le collège médical jugerait cette mesure d'interruption thérapeutique contraire au Code de

déontologie en vigueur, quelles seraient les consé-quences que Madame la Ministre envisage de prendre afin de prévenir de telles situation, à potentiel nocif pour le patient, dans le futur ?

#### Réponse (16/08/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

ad 1) Il convient d'emblée de noter qu'à aucun mo-ment, le patient n'a été mis en danger et qu'en cas de besoin urgent, un traitement psychiatrique était dis-ponible. Parallèlement, des négociations ont été lan-cées avec le CHNP en vue de conclure une convention de collaboration et de garantir ainsi une continuité dans la prise en charge psychiatrique des patients.

ad 2) Actuellement et à court terme, le médecin vaca-taire a repris sa fonction depuis le 10 juillet 2022.

En cas d'urgence, le patient sera transféré vers l'hôpi-tal de garde. Le médecin vacataire continue d'exercer comme médecin coopérant en psychiatrie au Reha-zenter pour assurer une prise en charge de ses pa-tients.

ad 3) Il appartient au médecin traitant du patient, c'est-à-dire au spécialiste en médecine physique et de réadaptation du Rehazenter, de juger si le patient peut disposer d'une prise en charge psychiatrique au Rehazenter ou s'il doit être transféré dans un hôpital aigu.

Dans le contrat-type pour médecin coopérant du Rehazenter, une base contractuelle fixe un préavis pour organiser le transfert de dossier du patient et pour assurer la prise en charge.

#### Plan d'aménagement général de la Ville de Diekirch | Question 6460 (07/07/2022) de M. Fred Keup (ADR)

Unni wëllen an de leschten Detail ze goen, gouf et beim Dikrecher PAG eng Rëtsch Onstëmmegkeeten, déi de Verwaltungsgerichtshaff an engem rezenten Urteel zu vehementer Kritik um deemolege Buerger-meeschter an un der Madamm Banneminister inspi-réiert huet. Et ass ëm de Reklassement vu Bauland gaangen, dat wéinst Iwwerschwemmungsgefor onbe-rechtertegerweises ëmklasséiert gi war. Trotz engem Ur-teel vum Verwaltungsgerichtshaff huet den Dikrecher Schäfferot mat sengem Buergermeeschter, engem heitege Minister, eng Pattsituatioun am Gemengerot provoziert a verhënnert, datt d'Propriétaires, déi virum Verwaltungsgerichtshaff Recht kruten, zu hirem kamm sinn. D'Madamm Bauteminister, a Kenntnis vun entsprecherender Jurisprudenz, hätt dat laut Verwal-tungsgerichtshaff misse verhënnere. Duerfir hunn ech dës Froen un d'Madamm Banneminister:

1. Firwat ass dem Dikrecher Schäfferot am Virfeld net bewusst gemaach ginn, datt de Gemengerot d'Urteel vum Verwaltungsgerichtshaff ze exekutieren hätt an datt d'Madamm Minister am Fall, wou eng Rekla-matioun virleie géif, gestäipt op d'Urteel vum Verwal-tungsgerichtshaff, der eendeiteger Jurisprudenz (41889C) an engem kloren Urteel vum Verfassungs-gerichtshaff, ee „pouvoir de reformation“ hätt, egal wéi d'Decisioun vum Gemengerot wär?

2. Firwat ass no deenen zwee Votten an dem kloren Urteel vun der Cour administrative den Dikrecher Schäfferot net opgefuerdert ginn, een drëtte Vott ze huelen, fir déi illegal Prozedur aus der Welt ze scha-fen? Esou een drëtte Vott ass bekanntlech schonn e puermol gefuerdert ginn, mat dem Argument, et wär „une façon régulière et efficace, voire même souhai-table dans le cadre d'une bonne administration“, wéi d'Cour administrative schreift.

3. Sinn et scho Gemenge ginn, déi refuséiert hunn, der Madamm Minister oder engem vun hire Virgänger hir Decisiounen am Kader vu Reklamatiounen zum PAG ze exekutieren, a wa jo, wat waren d'Konsequenzen?

#### Réponse (19/08/2022) de Mme Taina Bofferdig, Ministre de l'Intérieur

Am Arrêt vum Verwaltungsgerichtshaff vum 7. Februar 2019 gouf d'Stad Dikrech kloer opgefuerdert, en neie Vott ze huelen, fir déi concernéiert Terrainen an eng bebaubar Zon ze klasséieren. Den Inneministère huet d'Gemengenautoritéiten deemstspriechend och be-rodén an drop opmierksam gemaach, dass si en neie Vott mussen huelen.

Wat de Pouvoir de réformation ugeet, opgrond vun enger Reklamatioun bei der Inneministesch nom de-finitive Vott zum PAG, huet keng Noutwendegkeet bestanen, de Gemengenautoritéiten dës Dispositioun nach emol matzedeele, well dat souwisou am ofgeän-nerde Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménage-ment communal an den Développement urbain sou virgesinn ass, an dass dës Prozedur souwisou allge-meng bei de Gemenge bekannt ass.

Et ass net zu där Opportunitéit kamm, de Pouvoir de réformation ze benotzen, well d'Inneministesch sou-wisou net vun der Gemeng saisiéiert gi war, wat jo och am Urteel aus éischter Instanz bestätegt gouf.

Den Inneministère fuerdert d'Gemenge regelméisseg op, en drëtte Vott ze huelen, et kann nämlech emol vir-kommen, dass am definitive Vott (zweete Vott) Irregu-laritéiten, respektiv Illegalitéiten optauchen. An dësem Fall kamm et awer net zu engem zweete Vott, an dat wéinst der Pattsituatioun, soudass den Inneministère d'Gemeng och net konnt opfuerderen, en drëtte Vott ze huelen, fir gegebenefalls eppes ze rektifizéieren.

Et ass dem Inneministère net bekannt, dass et scho Ge-menge gi sinn, déi refuséiert hätten, ministeriell Deci-siounen ëmsetzen.

#### Médecin spécialiste en psychiatrie du groupe mé-dical du Rehazenter | Question 6463 (08/07/2022) de M. Laurent Mosar | M. Max Hengel (CSV)

Confronté avec la résiliation du contrat du seul psy-chiatre du Centre national de rééducation fonction-nelle et de réadaptation, le directeur du Rehazenter Kirchberg a souligné dans un reportage diffusé sur la chaîne de télévision RTL le 7 juillet que la continuité des soins psychiatriques sera garantie après le départ du spécialiste. Dans le même reportage, le directeur général de la Rehaklinik du CHNP Ettelbruck a confirmé qu'il y a eu des pourparlers avec le Reha-zenter Kirchberg afin d'assurer une prise en charge des patients ayant besoin des soins psychiatriques. Dans ce contexte nous voudrions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé.

1) Est-ce que Madame la Ministre peut nous informer sur l'évolution des négociations entre les deux centres de réadaptation et sur la date prévisible d'un accord ?

2) Pour quelles raisons la direction du Rehazenter Kirchberg a-t-elle résilié le contrat du psychiatre avant l'embauche d'un nouveau médecin spécialiste en psy-chiatrie, sachant que la continuité des soins psychia-triques sera par ce fait mise en danger ?

3) De quelle façon la prise en charge des patients ayant besoin d'un traitement psychiatrique sera-t-elle assu-rée jusqu'au moment de l'embauche d'un nouveau psychiatre par le Rehazenter Kirchberg ?

4) Est-ce qu'il existe un contrat-type contenant une clause qu'un médecin libéral doit céder 20 % de ses honoraires à un établissement public, dans ce cas



Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation ?

– Dans l'affirmative, est-ce que Madame la Ministre peut nous informer combien de médecins libéraux ont signé un pareil contrat ?

– Dans le cas contraire, sur quelle base légale se fondent les revendications de la direction du Rehazenter vis-à-vis des médecins libéraux ?

**Réponse** (16/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) Des pourparlers entre les deux établissements spécialisés ont été entamés au courant de la semaine du 4 juillet 2022. Ceux-ci ont abouti à une manifestation de volonté de part et d'autre de collaborer ensemble. Une première réunion officielle a eu lieu le 4 août 2022 entre les directions des deux établissements spécialisés pour discuter des détails de la mise en place d'une collaboration pour garantir la prise en charge psychiatrique des patients au Rehazenter.

ad 2) Il convenait de régulariser la situation du médecin psychiatrique exerçant sans contrat au Rehazenter. En effet, d'après les dispositions du règlement général du centre, les médecins doivent être liés à celui-ci par un contrat-type de coopération. À l'issue du préavis donné et suite au refus de signature de ce contrat par le médecin en question, il a été décidé qu'il ne pourrait pas poursuivre son activité au Rehazenter.

ad 3) Le conseil d'administration a décidé de faire appel au médecin psychiatre en question à court terme afin de poursuivre la prise en charge psychiatrique des patients. Les médecins spécialistes en médecine physique et de réadaptation (MPR) au Rehazenter ont tous le statut de médecin salarié.

ad 4) Un contrat-type a été élaboré pour régir les relations entre un médecin non salarié qui serait appelé d'intervenir au niveau de sa spécialité auprès des patients du Rehazenter. Une participation aux frais pour l'utilisation des ressources du Rehazenter est demandé aux médecins en question. Le contrat-type est fondé sur les dispositions de l'article 33 de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière.

.....  
**Endométriose** | Question **6468** (11/07/2022) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV)

An der Stellungnam vum der Regierung zur Petitioun 1977, an där d'Unerkennung vum der Endometriose als „maladie handicapante“ gefrot gouf, huet d'Regierung op eng am Mount Juni geplangten Entrevue tëschent dem Gesondheitsministère an der „Société luxembourgeoise de gynécologie et d'obstétrique“ verwisen. An der Äntwert vum 7. Abrëll op d'parlamentaresch Fro N° 5942 vum 16. März gouf och op en Echange tëschent dem Gesondheitsministère an den Acteuren um Terrain verwisen. An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

– Koum déi Entrevue schonn zustan?

• Wa jo, zu wat fir engem Schluss si béid Parteie komm?

• Envisagéiert d'Regierung no dëse Gespréicher eng national Strategie géint d'Endometriose?

• Envisagéiert d'Regierung eng Sensibiliséierungscampagne fir Medezinner a fir d'medezinnescht Personal?

**Réponse** (16/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

De Gesondheitsministère hat Mëtt Juli eng Reunioun mat der Société luxembourgeoise de gynécologie et d'obstétrique (SLGO), fir iwwert d'Problematisch vum der Endometriose ze diskutéieren.

Eng besser Versuergung setzt eng besser Sensibilisation souwuel vum der Effentlechkeet wéi och vum der betraffene Fraen an de Professionelle viraus. Jee méi dës komplex Krankheet am Fokus vun der Effentlechkeet steet, desto méi wäert sech eis Perceptioun vun dëser Krankheet, déi duerchaus ee groussen Impakt op d'Liewensqualitéit vum der betraffene Frae kann hunn, änneren mat der Konsequenz, datt och d'Prise en charge sech ëmmer verbessere kann.

Am Beräich Sensibilisation sinn eleng dës Joer e puer Evenementer ervirzehiewen:

Esou ass am Kader vum Welttag vum der Endometriose den 30. März 2022 een Atelier organiséiert gi mat enger Partie Acteure vum Terrain, fir en Austausch iwwer d'Endometriose ze hunn.

Den 10. Mee 2022 ass, mat der Ënnerstëtzung vum der Stad Lëtzebuerg an de Gemenge Beetebuerg an Diddeleng wéi och vu verschiddenen Associatiounen an dem Centre national de référence pour la promotion de la santé affective et sexuelle („CESAS“), eng Konferenz mat enger Table ronde zum selwechten Thema organiséiert ginn. Un dëser Table ronde si Gynekologen, mä och Psychologen, zu Wuert komm. Dës Konferenz hat och eng grouss Resonanz, wat drop hiweist, dass den Intressi, wat dës Thema ugeet, esouwuel bei de Professionelle wéi och beim Publikum ganz grouss ass.

Doriwwer eraus organiséiert d'SLGO reegelméisseg Formatiounen, déi mat ënnerschiddleche gynekologeschen Theemen ze dinn hunn. Eent dovunner ass d'Endometriose. Dës Krankheet steet also reegelméisseg och bei de Professionellen am Beräich Weiterbildung am Fokus.

Wat d'Prise en charge vun de Patientinnen ugeet, do gëtt et e puer Experienzen aus dem Ausland, déi duerchaus interessant sinn, wéi zum Beispill d'Schafe vum engem Kompetenzzentrum fir Endometriose, wou verschidden Disziplinne matenee schaffen, fir eng koordinéiert an effizient Versuergung vun de Patientinnen ze garantéieren. Et gëtt och scho bei eis um Terrain Iwwerleeungen, déi an déi Richtung ginn.

Eng besser Versuergung heescht awer och als Alleréisch, konkret Zuelen an Donnéeën ze hunn, an dës virum Hannergrond, dass d'Endometriose eng Krankheet ass, déi fir jiddereen aneschts verleeft. Et misst een net nëmme genee Zuelen hunn, iwwert wéi vill Fraen dovunner hei am Land betraff sinn, mä och genee Donnéeën iwwert de Verlaf, d'Diagnostik an de Suivi vum der Krankheet hunn, fir d'Besoin vum der Patientinne besser ze erfassen. Nëmmen esou mécht och eng national Strategie Sënn.

Déi concernéiert Acteuren, y compris d'SLGO, sinn amgaangen ze kucken, wéi ee kann der Komplexitéit vum der Krankheet besser Rechnung droen, dës um Niveau vum der Erfassung vum der Fäll an den Donnéeën ewéi och um Niveau vum der Nomenclature. D'Zil ass et, méi cibléiert ze sinn, fir deene betraffene Persounen besser ze hëllefen.

D'Regierung steet all Entwécklung, déi eng besser Versuergung am Beräich vum der Gesondheet vum der Bierger a besonnesch an dësem Fall vu der Fraen, positiv géintzuwer.

.....  
**Nouveau commissariat de police sur le territoire de la ville de Wiltz** | Question **6470** (12/07/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Depuis une dizaine d'années l'État est en train de planifier la construction d'un nouveau commissariat de police sur le territoire de la ville de Wiltz.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

1) Le Gouvernement a-t-il déjà retenu un site définitif en vue de la construction de nouveaux bâtiments au service de la police wiltoise ? Le terrain en question a-t-il pu être acquis entre-temps ?

2) Dans l'affirmative quelle sera l'envergure de ce projet en termes de coûts et de capacité d'accueil ? Combien de personnes travailleront plus tard sur le site choisi ?

**Réponse** (16/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1) Le Gouvernement a pris la décision d'implanter le nouveau commissariat de police (C3R) à trois roulements sur le site actuel de la police sis avenue Nicolas Kreins. Après démolition des bâtisses actuelles, un bâtiment administratif hébergeant aussi bien la Police grand-ducale que divers services du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse y sera construit.

ad 2) L'avant-projet détaillé du projet en question est en cours de finalisation ; le projet prévoit une surface brute d'environ 5.150 m<sup>2</sup> pouvant héberger un commissariat de police avec un effectif de 30 agents policiers, à savoir 22 personnes ainsi que des renforts à déterminer dans le cadre du recrutement renforcé, ainsi que des bureaux pour 45 collaborateurs de divers services du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse. Le coût du projet est estimé au stade actuel de la planification à 22.000.000 EUR TTC.

.....  
**Vidéosurveillance autour du Centre de conférences Kirchberg** | Question **6471** (12/07/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Wéi aus engem Avis vum Stater Gemengerot ervirgeet, ginn et eng Rei Problemer am Zesummenhang mat der VisuPol-Kamera, déi um Kierchbierg de Centre de conférences filmt. Problematesch ass, dass net just de Centre, mee och d'Entrée vum engem Hotel géif gëtt, an dass amplaz vun der Police och privat Sécherheitsfirmen d'Bildmaterial consultéieren.

An deem Zesummenhang wëllt ech de Ministere fir bannenzeg Sécherheet a Justiz dës Froe stellen:

1. Wéi ass et méiglech, dass déi genannte Kamera och en Hotel iwwerwaacht?

Wien ass responsabel, fir d'Ophänken an d'Ausrichtung vun der VisuPol-Kameraen ze iwwerpréieren?

2. Wéi koum et dozou, dass privat Sécherheitsfirmen en Accès op d'Bildmaterial vum der Kamera kritt hunn?

3. Wäert dës Kamera nei ausgeriicht ginn an d'Bildmaterial zukünfteg just nach vum der Police ausgewäert ginn?

4. Wéi wëllt de Minister assuréieren, dass et an Zukunft net méi zu Problemer wéi deene genannte kënn?

5. Gëtt et eng legal Basis, fir private Sécherheitsfirmen Zougang zu de Kamerae vu VisuPol ze ginn? Falls net, wéi eng Suite wäert d'Regierung dësem Gesetzesverstouss ginn?

**Réponse** (16/08/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

ad 1. An der Videoiwwerwachungszon Centre de conférences Kirchberg (ECCL) gëtt et eng Kamera, déi

an hirem Siichtfeld d'Entrée vum Hotel „Meliá“ matfilm. De Fokus vun dëser Kamera läit awer kloer op der ëffentlecher Strooss, déi aus dem Tunnel kënnt. Et ass effektiv am Hannergrond eng Säitenentrée ze erkennen, wéi een et op der Foto heidrënner gesäit.

*(Photo à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

Dës Entrée läit am Siichtfeld vun der Kamera, mee si gëtt net spezifesch gefilmt oder viséiert. Bei der Kamera handelt et sech leedeglech ëm eng vun de Kameraen, déi am Perimeter (cf. „vue aérienne“ op der nächster Säit) vun der VisuPol-Zon, wéi se am ministerielle Règlement vum 25. Abrëll 2012 virgesi ginn ass, montéiert gouf.

*(Carte à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

Een Zweck vun dem betrouffene Videoiwwerwaachungssystem ass, d'Émgingend an d'Zoufaartsstroosse vum ECCL ze iwwerwaachen an ze protegéieren, besonnesch an de Méint Abrëll, Juni an Oktober, wann d'Sitzung vum EU-Ministerrot am ECCL stattfannen, an dofir muss déi betrouffene Kamera esou ausgeriicht sinn, wéi dat aktuell de Fall ass.

Fir all eenzel VisuPol-Zon gëtt ee Videoiwwerwaachungskonzept ausgeschafft, dat déi genau Positioun vun all Kamera an d'Orientatioun vum Siichtfeld beinhaltet. D'Zil ass et, doudeg Wénkelen am VisuPol-Beräich (op der ëffentlecher Strooss) sou gutt wéi méiglech ze vermeiden an ze eliminéieren. Privat Raim sinn aus dësem Konzept ausgeschloss.

Zoustänneg fir d'Kontroll vun den Traitementen, déi ënnert dem Artikel 17 vum Dateschutzgesetz vum 2. August 2002 gemaach goufen, war déi speziell Kontrollkommissioun, déi am Artikel 17 (2) virgesi war.

Mam Akraafttriede vum Dateschutzgesetz vum 1. August 2018 („loi du 1<sup>er</sup> août 2018 portant organisation de la Commission nationale pour la protection des données et du régime général sur la protection des données“) ass déi Kompetenz op déi national Dateschutzkommissioun (CNPD) iwwergaangen.

Am VisuPol-Gesetz ass keen explizite Kontrollmechanismus virgesinn, fir d'Ophänken an d'Ausriichte vun de Kameraen ze iwwerpräiwen. Doderch sinn déi normal Kontrollinstanzen zoustänneg, déi d'Aarbecht vun der Police iwwerwaachen, respektiv déi Instanzen, déi fir den Dateschutz zoustänneg sinn.

ad 2. De Kamerasystem vum ECCL war e Mix aus engersäits den Dispositiounen vum Artikel 10 vum Dateschutzgesetz vum 2. August 2002, wou et ëm d'Finalitéit „sécurité des usagers ainsi qu'à la prévention des accidents“ giong, wat an der Kompetenz vum Haushär louch, an anersäits den Dispositiounen vum Artikel 17 mat der Finalitéit „prévention, recherche et constatation des infractions“, wat d'Kompetenz vun der Police war an och am groussherzogleche Règlement vum 1. August 2007 iwwert d'Kreatioun an d'Exploitation vun der Police vun engem Videoiwwerwaachungssystem gereegelt gouf.

Aktuell gëtt et nëmmen ee Kamerasystem um Site vum ECCL. Dëse System gëtt vun der Police grand-ducale während deenen uewe genannte Méint punktuell genotzt. Den Art. 43 bis vum Gesetz vum 18. Juli 2018 iwwert d'Police grand-ducale gesäit vir, dat déi existent VisuPol-Zone mussen nei evaluéiert an autoriséiert ginn. Bei dëser Reevaluatioun ass der Police opgefall, dat d'Billen vum VisuPol-System och vun enger privater Sécherheitsfirma gekuckt ginn. D'Police huet op de Problem opmierksam gemaach, esou dass den Autocontrôle fonctionéiert huet.

ad 3. D'Siichtfeld vun der betrouffender Kamera bleift bestoen, well dës Kamera Deel vun engem gesamten operationelle Konzept ass. Dëst Konzept gëtt vun der Police an d'Zusammenaarbecht mat den Dateschutzbeoptraagten ausgeschafft.

D'Police huet awer d'Méiglechkeet, eng digital Maskéierung op privat Raim ze fixéieren, sou wéi dat am VisuPol-Text virgesinn ass. Dës Maskéierung verhënnert all eventuellen Abus. An der Tëschenzäit ass d'Entrée och scho vun engem Techniker vun der Direction des technologies policières (DTP) maskéiert ginn (cf. Foto heidrënner).

*(Photo à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

ad 4. De Problem vun der betrouffender Kamera an der Zon ECCL ass opgefall, wéi d'Zon no den neie gesetzliche Bestëmmungen sollt autoriséiert ginn, déi virgesinn, dass déi bestoend Zonen innerhalb vun zwielef Méint mussen nei evaluéiert an autoriséiert ginn. Et ass dunn och, wéi schonns an der Äntwert op d'Fro 3 beschriwwen, direkt reagiert ginn, an de Problem vun der Kamera ass de 15. Juli 2022 geléist ginn, andeems d'Entrée vum Hotel mat enger Maskéierung versi ginn ass.

Fir d'Zukunft muss och analyséiert ginn, wéi eng Kameraen an der Zon ECCL zu wéi enger Finalitéit kënne benotzt ginn a wéi d'Opdeelung vun den Tächen a Responsabilitéiten besser kann encadréiert ginn. Déi technesch Léisung, ob een eng an déi selwecht Kamera fir zwou Finalitéiten kann notzen, a wéi en Opwand dat ass, oder ob et net méi einfach ass, zwee komplett getrennte Systemer en place ze setzen, gëtt och grad vun der Police gepréift. Et sinn och eng Rei Aarbechtsreuniounen tëscht deene concernéierten Acteuren aberuff ginn, déi iwwert de Summer wäerte stattfannen.

ad 5. Fir de Gebrauch vun der Videosurveillance méi spezifesch ze encadréieren, hat d'Regierung decidéiert, fir d'Videoiwwerwaachung vun der Voie publique duerch d'Police erëm mat enger expliziter legaler Basis ze versinn, dat uewe genannte Gesetz vum 15. Juli 2021. D'Transpositiounsgesetz vun der Dateschutzdirektiv 2016/680, d'Gesetz vum 1. August 2018 iwwert den Dateschutz am penale Beräich bleift weiderhin applikabel, wat den Traitement vun den Donnéeën vun der Videoiwwerwaachung duerch d'Police ueget. Den Traitement duerch aner Entitéiten ass duerch d'Reglement 2016/679 (RGPD) encadréiert.

Wéi an der Äntwert op d'Fro 2 beschriwwen, gëtt et nëmmen ee Kamerasystem an der Zon ECCL. Wéi och an der Äntwert op d'Fro 4 erkläert ass, ass d'Regierung der Meenung, dass den Encadrement vun dëser Notzung méi am Detail sollt gereegelt ginn.

Fir d'Kontroll vun der korrekter Applikatioun vun den Dateschutzdispositiounen gesäit d'Gesetz vir, wéi eng onofhängeg Kontrollinstanzen zoustänneg sinn. Wéi an der Äntwert op d'Fro 1 ausgefouert gouf, ass dat an dësem Fall d'CNPD.

## Tests de dépistage pour la Covid-19 | Question 6472 (12/07/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Wéi ë. a. aus dem Rapport zur Impfpflicht ervirgeet, rechnen d'Experten am Hierscht mat enger neier Well vu Coronainfektione. Wann et nees zu méi Infektione kënnt, muss och nees méi getest ginn. An deem Kontext wëllt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

1. Ass d'Regierung beim Testing fir de Fall preparéiert, wou d'Zuel vun den Infektione am Hierscht nees däitlech klëmmt?  
– Wa jo, wéi gesäit dës Teststrategie genee aus?

2. Ass garantéiert, dass an deem Fall genuch PCR-respektiv Schnelltester zur Verfügung stinn?  
– Wa jo, wéi grouss ass de Stock?

3. Ginn d'Testzentren nees opgemaach, a wa jo wéi vill?

4. Ass garantéiert, dass an den Testzentren an an de Laboratoire genuch Personal zur Verfügung steet, wann den Testing nees muss eropgefuert ginn?

**Réponse (16/08/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministère de la Santé**

ad 1. D'Regierung préparéiert sech op verschiddenen Szenarien, sou wéi et och déi verschidden international Organisations wéi den ECDC an d'WHO virgesinn. En fonction vun enger eventueller nächster Well kann ee soumat méi schnell a méi adaptéiert reagéieren. Bleift och am Hierscht weiderhin den Omicron BA5 dominant, muss eventuell net méi vill gemaach ginn. Kënnt awer eng nei Variant am Hierscht op eis zou, déi méi ustiechend ass an och méi krank mécht, wäerten zousätzlech Mesurë musse geholl ginn. Strategieoptionen ëmfaasse soumat:

– Antigeentester: Ee groussen Deel vun der Teststrategie berout op de wäit verbreiteten Autotester. Jidderesoll sech selwer testen, wann hie Symptomer huet.

– Antigeentester: Antigeentester kommen och a verschiddene Strukturen (Kliniken, Altersheimer, ...) an den Asaz an d'Kapazitéit kann do eropgefuert ginn. Eng Reserv vun 1 Millioun Tester ass zu all Moment geséichert, déi ee flexibel asetze kann, wou een se grad brauch.

– Diagnostic-PCR-Tester (mat oder ouni Ordonnance) gi vun den dräi private Laboratoiren an dem LNS garantéiert. D'Kapazitéit kann eropgefuert ginn, wa méi PCR-Tester gebraucht ginn.

– Tester an de Schoulen: Antigeentester sinn an de Schoule virgesinn a kënnen zu all Moment an den Asaz kommen, wann et d'Situatioun vun der Pandemie verlaangt.

– Altersheimer, Kliniken an aner Strukturen: Antigeentester sinn hei virgesinn an d'Kapazitéit kann hei och eropgefuert ginn. Donieft sinn och mobill Equippe fir dës Strukture virgesinn, déi PCR-Tester maache kënnen.

– Altersheimer: Antikierpertester (sérologie) ginn am Hierscht an den Altersheimer gemaach. Déi Tester erlaben eng Vue op den Taux vun den Antikierper a soumat eng gewëssen Indikatioun op d'Immunitéit vun de Leit.

– Séquencages: Eng Fréierkennung vun enger neier Variant ass wichteg, fir sech besser virzebereeden. Dofir sequenziert den LNS am Schnëtt 800 Echantillone pro Woch, fir dës Iwwerwaachung ze garantéieren. Dës Kapazitéit kann op 1.500 Echantillone pro Woch eropgefuert ginn.

ad 2. Am Moment gëtt et keng Penurie, weeder bei de PCR- nach bei den Antigeentester, soudass genuch Tester zur Verfügung stoe missten, fir eng Well, wéi mir se schonn haten, ofzefänken.

D'Kapazitéit vun de PCR-Tester kann eropgefuert ginn, mee och hei gëtt et eng Limit. Wann déi iwwerschratt ass an ee méi Kapazitéit brauch, kéint een erëm op de Wee vun engem Large-Scale-Testing goen, virun allem fir d'Logistik an d'Ressourcë besser ze zentraliséieren. Dëst wier allerdéngs nëmmen de Fall an engem „worst-case scenario“ mat enger neier Variant, déi méi ustiechend ass a méi krank mécht, wou och nach aner Mesurë geholl musse ginn.

Doniewent gëtt et en nationale Stock vun Antigeentester, deen en Déploiement vun der Teststrategie erlaabt.



– Eng ronn 3 Milliounen Antigeentester sinn aktuell op Stock. Well d'Antigeentester nach ëmmer an den Asaz kommen, gëtt et och nach weider Bestellungen.

ad 3. Wann d'Situatioun et verlaangt, kënnen verschidden Testzentren vun den dräi private Laboratoiren an dem LNS erëm opgemaach ginn. Fir weider Testzentren wéi am Large-Scale-Testing opzemaachen an d'Logistik ze garantéieren, misst een erëm op de Wee vun engem Large-Scale-Testing-Projekt goen.

ad 4. D'Laboratoire bereeden sech op den Hierscht vir, wou ee mat méi Infektiounen rechnet. D'Reserve sanitaire vum Staat hëlleft och, zousätzlech Leit bereetstellen oder ze vermëttelen, soudass zousätzlech Kapazitéiten geschaaft kënnen ginn, wann dat néideg ass.

#### Nouvelle taxonomie européenne | Question 6475 (12/07/2022) de M. Laurent Mosar (CSV)

De 6. Juli huet d'EU-Parlament leider dofir gestëmmt, Investitiounen a Gas- an Atomstroom ënner bestëmmte Konditiounen als nohaltig ze klassifizéieren. Domadder acceptéiert d'Parlament dësen Vorschlag vun der Europäescher Kommissioun als delegéierte Rechtsakt. Zu Lëtzebuerg soll awer ab dem 1. Januar 2023 en neit groussherzoglecht Règlement gëllen, wat d'energetesch Performance vun de Gebaier reegelt. D'Referenzwäert fir Heizung ginn hei ugepasst, soudass et schwierig gëtt, fir zum Beispill eng Gasheizung bzw. e Masuttank ze installéieren.

An dësem Kontext géif ech gär follgend Fro un d'Ëmweltministesch stellen:

– Muss mat der Entscheedung vum EU-Parlament, de Gas als nohaltig anzestufen, dat besotend groussherzoglecht Règlement vum 9. Juni 2021 ugepasst ginn?

**Réponse** (11/08/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Wéi den éierewäerten Deputéierten a senger parlamentarescher Fro schreift, huet d'EU-Parlament leider dofir gestëmmt, Investitiounen a Gas- an Atomstroom ënner bestëmmte Konditiounen als nohaltig ze klassifizéieren, dëst am Kader vun der EU-Taxonomieregulatioun.

Wéi der wësst, wäert Lëtzebuerg sech enger Klo vun Éisträich géint dës Regulatioun uschlëssen.

De Rôle vum groussherzogleche Règlement vum 9. Juni 2021 betreffend d'energetesch Performance vu Gebaier (RGD 2021) läit doran, d'Ufuerderungen un nei Gebaier esou ze gestalten, dass si dem Zil vun der Dekarboniséierung entsprechen, wéi et och am Kader vum nationalen integrierten Energie- a Klimaplan (PNEC) definéiert ass.

– Op Basis vun dem ënnerschiddleche Rôle vun der Taxonomie an dem RGD 2021 kënnen mir den éierewäerten Deputéierten berouegen a bestätegen, dass hei keng Upassung vum besotend Règlement muss gemaach ginn a mir ons och weiderhin, besonnesch och bei der Ausleeung vun neie Gebaier, op fossillfräi Technologien dierfen a wäerte konzentréieren.

#### Sécurité routière au lieu-dit « Op der Léier » | Question 6478 (13/07/2022) de M. André Bauler (DP)

Op der Léier tëscht der Hierheck a Groussbus ass et viru Kuerzem zu engem Accident komm, wéi eng Persoun un der Hierheck erfort koum an eng aner Persoun bei engem Haus erausgefuer ass. Et gëtt

op dësem Lieu-dit effektiv e Problem vu Visibilitéit. D'Situatioun ass esou oniwwersichtlech, datt reegelméisseg do Accidenter geschéien, zemol well sech net ëmmer un déi virgeschriwwen Vitess gehale gëtt.

Zwar huet sech duerch de Radar ënnen op der Léier d'Situatioun verbessert, ma uewen op der Kräizung N12-CR345 fir op Dellen gëtt dacks nees op d'Gaspedall gedréckt.

Viru Jore war geplangt ginn, fir op dëser Kräizung déi ganz Situatioun ze änneren bzw. ze verbessern, mee et ass bis elo nach näischt geschitt. Et wier awer Terrain do fir ze tauschen.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte follgend Froe stellen:

1. Gëtt et mëttlerweil eng konkreet Léisung, fir d'Situatioun op der Léier ze entschärfen?

2. Wa jo, bis wéini kéint ee Projet ëmgesat sinn?

**Réponse** (16/08/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Et ass richteg, dass virun ongeféier 20 Joer op der Léier eng Etüd gemaach ginn ass, fir d'Ausfaart vum CR345 op d'N12 ze verleeën, fir angeblech d'Visibilitéiten ze verbessern.

Am Kader vun dëser Etüd huet sech awer erausgestallt, dass déi geplangten Ännerung d'Sicht a Richtung Westen éischter verschlechtert gëtt.

Vu dass op dëser Plaz statistesch keng Accidenter enregistriert gi sinn an och keng aner Verbesserung méiglech ass, gouf dës Etüd net weidergefuert.

Op dëser vum honorabelen Deputéierten beschriwwener Plaz ass awer vun der Hierheck respektiv vu Groussbus kommend d'Beschëlderung am leschte Joer adaptéiert ginn, déi d'Automobilisten engersäits un déi maximal erlaabte Geschwindegkeet erënnert an andersäits op d'Gefor vun erausfuerenden Autoen hiweist (allgemeng Geforbeschëlderung A,21 completéiert duerch d'Zousatztafel „Sortie de véhicules“).

Wat d'Accidenter ubelaangt, sinn déi meescht (méi schwéier) ongeféier 500 m méi wäit ewech a Richtung Groussbus geschitt. Saitdeem de Radar am Joer 2019 op dëser Plaz installéiert ginn ass, ginn et awer och hei keng weider Virfäll méi.

Et bleift ze bemierken, dass eventuell Kontrolle bei Verstéiss géint de Code de la route op dëser Plaz, wéi zum Beispill d'Iwwerschreide vun der maximal erlaabter Geschwindegkeet op der Héicht vun der Kräizung fir op Dellen, een Deel vun de Missiounen vun der groussherzoglecher Police duerstellt.

#### Résiliation d'un contrat en ligne | Question 6485 (14/07/2022) de Mme Viviane Reding (CSV)

Je me réfère aux questions parlementaires n° 4327 du 20 mai 2021 et n° 5207 du 10 novembre 2021, dans lesquelles il est question des modalités de résiliation d'un contrat en ligne.

Depuis le 1<sup>er</sup> juillet 2022, les entreprises en Allemagne actives en ligne sont obligées d'introduire un bouton de résiliation (cf. « faire Verbraucherträge »), pour simplifier la procédure de résiliation des contrats en ligne pour les consommateurs. Le contexte : Un contrat en ligne est vite conclu, il suffit souvent d'un simple clic. Au contraire, résilier un contrat en ligne s'avère généralement bien plus compliqué ; il n'est pas rare de devoir se rendre sur plusieurs pages différentes pour finalement arrêter le contrat en question par lettre ou par fax.

Le 7 juillet 2022, un projet de loi « portant mesures d'urgence pour la protection du pouvoir d'achat » a été présenté en Conseil des ministres. D'après l'exposé des motifs, l'article 7 « vise à permettre au consommateur de résilier facilement un contrat conclu par voie électronique (sur Internet et sur application mobile) afin de ne pas le maintenir captif d'un opérateur économique et de l'empêcher ainsi de souscrire à une offre plus intéressante pour lui. Le dispositif proposé consiste à obliger le professionnel qui offre aux consommateurs la possibilité de souscrire un contrat par voie électronique, de prévoir une résiliation dudit contrat selon cette même modalité. En outre, cette modalité doit être d'usage facile et direct. » Les autorités françaises ont donc choisi de prendre la même direction que les autorités allemandes, en simplifiant la procédure de résiliation des contrats en ligne.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Protection des consommateurs :

– Dans sa réponse à ma question parlementaire n° 5207 du 10 novembre 2021, Madame la Ministre de la Protection des consommateurs a expliqué que la proposition allemande a suscité son intérêt et qu'elle suivrait l'introduction progressive de l'introduction du bouton de résiliation en Allemagne. Est-ce que Madame la Ministre a déjà eu l'occasion d'échanger bilatéralement sur ce sujet ?

– L'introduction d'un bouton de résiliation semble faire son chemin parmi les États membres de l'Union européenne, puisque les autorités françaises sont également en train de mettre en œuvre des dispositions similaires dans le cadre de leur projet de loi pour la protection du pouvoir d'achat. Au niveau européen, le Conseil et le Parlement discutent par ailleurs actuellement d'une « proposition de directive du Parlement européen et du Conseil modifiant les directives 2005/29/CE et 2011/83/UE pour donner aux consommateurs les moyens d'agir en faveur de la transition écologique grâce à une meilleure protection contre les pratiques déloyales et à de meilleures informations » (COM/2022/143 final). Madame la Ministre ne pense-t-elle pas que le moment serait venu de profiter des travaux entourant cette proposition de directive pour s'engager pour la simplification de la procédure de résiliation des contrats conclus en ligne, qui présenterait une vraie plus-value pour les droits des consommateurs ? Dans la négative, pourquoi pas ?

**Réponse** (16/08/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, Ministre de la Protection des consommateurs

Pour ce qui est du bouton de résiliation tel que prévu par la législation allemande à partir du 1<sup>er</sup> juillet 2022, le Ministère de la Protection des consommateurs n'a pas encore pris contact avec son homologue allemand du fait que celui-ci, au vu du bref laps de temps écoulé depuis l'introduction de cette nouvelle mesure, ne peut avoir recueilli à ce stade des expériences qui pourraient lui être utiles. L'échange se fera dès lors qu'il y aura de la matière à partager.

Quant à la France, le Gouvernement vient en effet de déposer le projet de loi n° 19 portant mesures d'urgence pour la protection du pouvoir d'achat et dont l'article 7 se propose via une « fonctionnalité dédiée » à pouvoir résilier un contrat conclu en ligne selon cette même modalité. Comme le Ministère de la Protection des consommateurs n'a pas encore connaissance « des modalités de présentation et d'utilisation de la fonctionnalité dédiée à la résiliation du contrat » dont il y est question vu qu'elles seront fixées par décret, il est difficile d'apprécier si l'on est également en présence d'un instrument que l'on pourra qualifier de bouton de résiliation ou non.

Mes services ne tarderont pas à analyser l'impact des initiatives prises ou en cours d'adoption dès lors qu'il y aura moyen de disposer d'éléments permettant d'apprécier ces démarches. Je tiens à souligner qu'en attendant, le consommateur ne se retrouve pas démuné alors que l'article 6, paragraphe 1 point c) de la directive 2011/83/UE relative aux droits des consommateurs et transposé à l'article L. 222-3 (1) point b) du Code de la consommation oblige le professionnel à lui transmettre les informations quant aux moyens de communication « ..., pour permettre au consommateur de le contacter rapidement et de communiquer avec lui efficacement ... ».

Enfin, je tiens à souligner que je soutiens de manière générale les mesures initiées par la Commission européenne qui visent, comme le bouton de rétractation proposé dans le cadre de la proposition de directive sur les contrats de services financiers conclus à distance, à aider le consommateur à exercer ses droits.

## Refus de transfert à l'étranger par la CNS | Question 6487 (14/07/2022) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)

Mengen Informatiounen no verweigert d'CNS a leschter Zäit ëmmer méi dacks bei gewëssen Traitementen eng Iwwerweisung an d'Ausland. Dat gëllt besonnesch fir Operatiounen un den Aen, fir déi d'Patiente bal ëmmer an den 2019 geschaaft Centre national d'ophtalmologie um Kierchbierg geschéckt ginn. Eng Iwwerweisung gëtt och bei méi komplizéierten Agrëffer refuséiert, déi wéinst der klenger Zuel vu Patienten zu Lëtzebuerg noutgedrungen net esou dacks duerchgefouert ginn. An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch an un den Här Sozialminister stellen:

– Kënnt Dir dës Informatiounen bestätegen?

– Wéi vill Patient kruten zanter der Schafung vum Centre national d'ophtalmologie am Joer 2019 eng Iwwerweisung an eng spezialiséiert Aeklinik am Ausland verweigert, nodeems hiren Dokter si dohinner iwwerweisen hat?

– Fir wat fir Operatiounen gëtt eng Iwwerweisung an d'Ausland refuséiert an op wat fir Critère baséiert d'Entscheidung vum der CNS?

**Réponse (26/08/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale**

De folgenden Tableau retraceiert d'Autorisatiounen esouwéi d'Refusal vum den Iwwerweisungen an d'Ausland am Kader vum der Ophtalmologie:

|                 | 2019  | 2020  | 2021  | 2022 <sup>1</sup> |
|-----------------|-------|-------|-------|-------------------|
| Autorisatiounen | 2.538 | 1.998 | 1.946 | 985               |
| Refusen         | 45    | 59    | 58    | 59                |

Déi Statistike concernéiere generell d'Iwwerweisungen an d'Ausland am Kader vum der Ophtalmologie. Et ass awer net méiglech ze chiffréieren, wéi vill Patienten dovun e Refus kritt hunn, fir an eng spezialiséiert Aeklinik ze goen.

D'Refusal kënnen verschidden Ursachen hunn, wéi zum Beispill, datt d'Demande fir d'Auslandsiwwerweisung net déi néideg administrativ Konditiounen erfëllt oder datt d'Operatioun oder den Traitement an engem kuerzen Delai hei zu Lëtzebuerg kënnen gemaach ginn. Eng Autorisatioun an d'Ausland gëtt net refuséiert wann d'Wardezäit hei zu Lëtzebuerg ze

laang ass oder wa Lëtzebuerg net iwwert déi néideg spezialiséiert Doktere verfüügt, wann d'Traitement oder d'Operatioun ze vill komplex ass.

## Inondations de 2021 | Question 6492 (15/07/2022) de Mme Carole Hartmann (DP)

Viru genee engem Joer stounge vill Stéit, Geschäfte a Gemengen uechtert d'Land virum dem nämmlechte Leed. D'Konsequenz vun aussergewéinlech staarkem an undauerndem Reen war: Chaos am ganze Land; Flëss a Baachen, déi Stroossen a Plazen iwwerschwemmt hunn; net just Kellere, mee ganz Haiser, déi bis den 1. Stack ënner Waasser stoungen; Existenzen, déi zerstéiert gi sinn.

An och ëffentlech Infrastrukturen an de Gemenge goufe schro vum Joerhonnert Héichwaasser getraff.

D'Héichwaasser vum 14. a 15. Juli 2021 ass vun der Regierung als „catastrophe et calamité naturelle“ deklaréiert ginn. Doduerch konnt eng finanziell Hëllef vun 100 Milliounen Euro fir betraffte Stéit, Geschäfte a Gemengen deblockéiert ginn.

An deem Kader wollt ech der Madamm Inneminister folgend Froen stellen:

– Wéi vill Gemengen hu vum „Formulaire intempéries“ Gebrauch gemaach? Sinn entre-temps d'Dossieren, déi vun de Gemengen un den Inneministère erageschéckt goufen, all komplett oder muss nach Dokumentatioun nogereecht ginn?

– Huet d'Madamm Minister genee Zuelen, wéi héich am Ganzen d'Schied sinn, déi den Inneministère vun de Gemenge gemellt krut?

– Wéi vill vun de geplangten 100 Milliounen Euro kommen de Gemengen zegutt?

– Kann d'Madamm Minister eis soen, wéini a wéi vill Gelder schonn un déi jeeweileg Gemengen ausbezuegt gi sinn? Wéi vill Hëllefsgelder si bis elo nach net un d'Gemengen ausbezuegt ginn a wäerten nach ausbezuegt ginn?

Kënnen déi sinistériert Gemengen och an de kommen-de Joren nach op déi finanziell administrativ Ënnerstëtzung vum Inneministère bei de Konsequenze vum Héichwaasser zielen?

**Réponse (16/08/2022) de Mme Taina Bofferdin, Ministre de l'Intérieur**

Bis den 3. August 2022 hu 36 Gemengen an 3 Gemengesyndikater vum „Formulaire intempéries“ Gebrauch gemaach. De Gesamtschued vun dësen Demandé gëtt op ongeféier 23 Milliounen Euro geschätzt. De Gesamtmontant, deem dem Gemengesektor wäert zegutt kommen, hëngt vun de Fraisen of, déi net eligibel sinn. Fir eligibel ze sinn, mussen déi ugefroten Entscheedungen Propriétéite vum de betraffene Gemengen oder Gemengesyndikater concernéieren, fir déi d'Frais weeder vun der Assurance iwwerholl ginn, nach vun anere staatlechen Entitéiten.

12 Demandé konnte bis ewell clôturéiert ginn. Den deklaréierte Schued vun dësen 12 Demandé beleefte sech op 406.000 €. Den Inneministère huet de concernéierte Gemengen 373.000 € (92 %) iwwerweisen. 27.000 € si vun der Assurance iwwerholl ginn, während 6.000 € aus engem anere Grond net eligibel waren.

Zousätzlech zu de clôturéierten Demandé kruten 2 Gemengen, déi e Schued vu 17 Milliounen Euro deklaréiert hunn, Avancen an Héicht vun 2,4 Milliounen Euro iwwerweisen. Dëst sinn d'Gemengen Iechternach a Rouspert-Mompéch.

D'Demandé vun 22 Gemengen an dräi Syndikater konnte nach net clôturéiert ginn, well se net komplett sinn (an de meeschte Fäll feelee Rechnungen).

Och an Zukunft wäerte sinistériert Gemengen am Fall vun engem Héichwaasser op d'Ënnerstëtzung vum Inneministère kënnen zielen, dëst awer ënner der Bedingung, dass dat Héichwaasser dee Moment vun der Regierung als Naturkatastroph deklaréiert gëtt (wéi dat och de Juli 2021 de Fall war) an dass déi betraffte Gemenge bannent engem virgeschriwwenen Delai eng Demande de remboursement beim Inneministère areecheen.

## Travail des détenus | Question 6493 (15/07/2022) de M. Dan Biancalana (LSAP)

Les détenus incarcérés au CPL et CPG ont la possibilité d'être employés et affectés dans différents ateliers de la prison. Ils peuvent travailler au sein de la buanderie, du garage, de la cuisine, de l'imprimerie, de la reliure et de la menuiserie.

Pour les heures de travail prestées, ils ne perçoivent pas de salaire identique à celui qu'ils pourraient obtenir à l'extérieur de l'enceinte carcérale.

Ce n'est qu'en semi-liberté, accordée à partir du CPG, que des perspectives d'un emploi avec un contrat de travail conforme au droit du travail se dessinent. Il en est de même dans le cadre des peines et mesures alternatives à la détention.

Pendant la détention, le traitement pénologique accorde une importance aux efforts de remboursement des frais de justice, amendes et partie(s) civile(s).

Certains détenus utilisent également leur salaire pour appuyer financièrement leur famille. Disposer de ressources financières à la sortie de prison permet également de mieux préparer les trajectoires de réinsertion.

– Dès lors, j'aimerais savoir de Madame et Monsieur les Ministres s'ils envisagent de revoir à la hausse ces salaires et dans l'affirmative, s'ils considèrent que le paiement de cotisations sociales est à faire valoir.

**Réponse (19/08/2022) de Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale**

Dès l'entrée en vigueur du futur règlement grand-ducal relatif aux régimes internes des prisons, les indemnités des détenus seront revues à la hausse. Le projet de règlement grand-ducal susvisé, actuellement en attente de l'avis du Conseil d'État, constituera la base réglementaire pour procéder à cette adaptation des indemnités des détenus.

La question des cotisations sociales est plus complexe et est en cours d'analyse avec les instances compétentes.

## Chantier sur l'A13 entre Ehlerange et Differdange | Question 6495 (15/07/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Aktuell ginn op der A13 tëschent Éilereng an Déifferdeng Ënnerhaltsaarbechten duerchgefouert an dat nach bis den 13. August. D'Autobunn ass vun 20.00 Auer bis 5.00 Auer op dës Plazen a béid Richtungen gespaart. Gläichzäiteg ass och nach ee Schantje mat enger roudter Luucht um CR172 zu Éilereng/Zolwer – eng Route, déi vu ville Leit als Ausweichroute benotzt gëtt, fir an de Südweste vum Land ze kommen. Déi zwee Schantercher suergen dofir, dass owes op där

<sup>1</sup> Date vum 1. Januar bis de 17. Juli 2022 inclus



Plaz vill Trafic entsteet, wat bei den Automobilisten, mee och bei den Awunner op Onverständnis trëfft.

An deem Zesammenhang wëllt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Firwat gouf decidéiert, zousätzlech zum Schantjen zu Éilereng/Zolwer nach ee Schantjen op der A13 opzemaachen?

2. Wéi geet de Mobilitéitsministère grondsätzlech vir, fir ze verhënnere, dass Ëmleedungen iwwer aner Schantercher féieren an esou den Trafic op den Ëmleedungen verdichten?

**Réponse (16/08/2022) de M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. D'Aarbechten op der A13 „Travaux de renouvellement des installations basse tension, d'éclairage et de commande de l'éclairage – Tunnel Aessen“ baséieren op engem komplexe Soumissiounsdoossier, dee vu laanger Hand vun der Stroossebauverwaltung geplangt gouf.

Fir de Verkéier op de Stroossen esou mann ewéi méiglech ze perturbéieren an eng gewësse Fluiditéit ze garantéieren, ass de Schantje vun der Stroossebauverwaltung och während der Sommervakanz an an der Nuecht geplangt ginn.

De Schantjen um CR172 an der Monnercherstrooss ass e Schantje vun der Gemeng Suessem, deen op Basis vun enger „Permission de voirie“ (fir eng 30er Zon a gläichzäiteger Erneuerung vun hire Reseauen) realiséiert gëtt. Follgend dësen Aarbechte gëtt de Verkéier op dëser Plaz am Moment mat roud Luuchte gereegelt.

Dëse Schantje läit awer net direkt op der designéierter Deviationsstrooss zu der Autobunn (PGT – Plan de gestion du trafic).

Och um CR110 tëscht Zolwer an Aessen ass aktuell ee Schantje vun der Gemeng. Béd Schantercher hunn dëst Joer am Abrëll ugefaangen an d'Gemeng huet déi deementspreechend Reglementer geholl.

ad 2. D'regional Servicer vun der Stroossebauverwaltung stinn, soubal e Schantje vun hinnen oder enger Gemeng op enger PGT-Streck soll stattfannen, an engem Kontakt mat der Autobunnndivisioun vun der Stroossebauverwaltung. Esou soll verhënnert ginn, datt et zu Problemer tëscht deenen eenzele Schantercher kënnt.

.....  
**Chantier sur l'A13 entre Ehlerange et Differdange |**  
Question **6497** (19/07/2022) de **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk)

Actuellement, des travaux sur l'A13 entre l'échangeur Differdange et la jonction Lankelz, et notamment des travaux de maintenance dans le tunnel Biff, causent des perturbations considérables sur les routes avoisinantes. Ces perturbations sont amplifiées par des nombreux chantiers routiers dans les environs (CR Ehlerange, Bretelle Kronospan, Hahnebësch).

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Est-ce que la présence de chantiers routiers sur les déviations et routes de contournement est prise en compte avant la fermeture d'une autoroute pour cause de maintenance des tunnels ?

2) Est-ce que dans ce cas précis, les travaux de maintenance dans le tunnel Biff n'auraient pas pu être différés dans le temps afin de minimiser les perturbations de la circulation dans les environs ?

3) Combien de fois et pour quelle durée le tronçon de l'A13 entre l'échangeur Differdange et la jonction Lankelz ont-ils été fermés depuis 2018 ? Quelles en furent les raisons ?

4) Combien de fois et pour quelle durée le tronçon de la N44 entre le tunnel Biff et la frontière a-t-il été fermé depuis 2018 ? Quelles en furent les raisons ?

**Réponse (16/08/2022) de M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) Oui, sous condition que les chantiers sur la voirie normale soient signalés au gestionnaire de la grande voirie. Généralement, les services régionaux de l'Administration des ponts et chaussées sont en contact avec la Division de l'exploitation de la grande voirie et de la gestion du trafic pour signaler les chantiers sur un itinéraire de déviation du Plan de gestion du trafic (PGT).

ad 2) Il ne s'agissait pas de travaux de maintenance dans le tunnel Biff (13 juillet 2022), mais d'un travail ponctuel d'une journée. Celui-ci n'a pas eu d'impact sur les chantiers environnants et n'a pas causé de perturbations majeures du trafic.

En ce qui concerne le chantier sur l'autoroute A13 (travaux de renouvellement des installations basse tension, d'éclairage et de commande de l'éclairage – Tunnel Aessen), qui repose sur un dossier de soumission complexe, celui-ci a été planifié majoritairement pour la période des vacances scolaires d'été et pendant les nuits afin d'impacter le moins possible la fluidité du trafic.

Le chantier sur le chemin repris CR172, qui était connu par les services d'exploitation, ne constitue pas un conflit direct vu que celui-ci n'est pas situé sur l'itinéraire de déviation de l'autoroute PGT (Plan de gestion du trafic).

Par contre, les chantiers sur la route nationale N32 et le chemin repris CR110 n'étaient pas annoncés au moment du démarrage des travaux sur l'autoroute A13, et les problèmes sur l'itinéraire PGT ne se sont manifestés qu'après le début des travaux sur l'autoroute A13.

Immédiatement après constatation de ces conflits, l'itinéraire de déviation de l'autoroute a été adapté afin d'éviter les chantiers sur la voirie normale cités ci-dessus.

ad 3) Depuis 2018, 45 fermetures ont été enregistrées sur le tronçon de l'autoroute A13 entre l'échangeur Differdange et la jonction Lankelz. À noter que les chantiers relatifs à la réfection de la couche de roulement, respectivement au renouvellement des installations basse tension, d'éclairage et de commande de l'éclairage du tunnel Aessen, étaient des chantiers d'entretien non récurrents.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 4) Il n'existe pas de statistiques pour ce tronçon entre le rond-point Biff et la frontière quant au nombre de fermetures et la durée de celles-ci.

.....  
**« Impfbus » | Question 6501 (19/07/2022) de M. Claude Wiseler | Mme Martine Hansen (CSV)**

Eisen Informatiounen no kouw et de 16. Juli beim Passage vum Impfbus zu Miersch zu Enkpäss beim Vaccin. Um 15 Auer war keen Impfstoff méi do. Vill Leit, dorënner och vill eeler Persounen, déi deels laang hu misse waarden, konnten dowéinst net geimpft ginn, an dat obwuel d'Regierung zanter Méint den dréngenden Appell un d'Bevëlkerung riicht, fir se impfen ze loossen.

An deem Kontext wollt mir folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

– Firwat waren den 16. Juli zu Miersch net genuch Impfdosen am Bus?

– War Miersch en Einzelfall oder gouf et och scho bei anere Rendez-vous vum Impfbus net genuch Impfdosen?

• Wa jo, wat wëllt d'Regierung maachen, fir datt bei den nächste Rendez-vous vum Impfbus genuch Vaccin prett ass, soudatt all Persoun, déi sech wëllt impfe loossen, och geimpft ka ginn?

– Wéi vill Leit hunn sech zanter dem Ufank vun der neier Campagne den 19. Abrëll am Impfbus impfe gelooss?

– Wéi vill Leit hunn sech zanter dem 19. Abrëll insgesamt impfe gelooss, respektiv wéi héich ass den Undeel vun de Persounen, déi am Impfbus geimpft goufen?

**Réponse (16/08/2022) de Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

Et ass wouer, dass den 15. Juli, wou den Impfbus zu Miersch war, net all Leit konnte geimpft ginn, déi dëst wollten. Den Haaptgrond dofir war, dass vill méi Leit wéi üblech sech dësen Dag beim Impfbus presentéiert hunn, wat d'maximal Kapazitéit vum Impfbus depasséiert huet.

De Bus ass géint 11.30 Auer zu Miersch ukomm a sollt géint 16.00 Auer erëm fortfuere. Wéi géint 15.00 Auer et kloer gouf, dass net all Leit kéinten drukommen, huet d'Equipe just nach eng 20 Leit sur place behalen an huet deenen anere recommandéiert, sech un den Impfzenter, un e Generalist oder eng Apdikt ze wenden. Am Ganze goufen den 15. Juli genau 110 Impfungen am Bus gemaach, wat eng ronn 25 Impfungen pro Stonn ass. Dëst ass de Maximum, dee mat enger Impfequipe méiglech ass. Zur Informatioun, eng Equipe besteet normalerweis aus engem Medezinner an zwou Infirmiëren.

De Problem vum Impfbus ass, dass d'Leit spontan an ouni Rendez-vous kommen, wat eng prezis Planifikatioun onméiglech mécht. Den Avantage ass natierlech, dass een eebe grad kee Rendez-vous brauch an dass eng Proximitéit vun der Offer besteet, well de Bus sur place ass. Den Desavantage ass, dass een eventuell laang waarde muss oder, am Ausnahmfall, net drukënnt.

All Impfbus ass equipéiert mat 8 Flacone Moderna (fir 80 Éischtdosen, resp. 160 Rappel), 15 Flacone BioNTech Pfizer (90 Dosen), 3 Flacone BioNTech Pfizer fir Kanner (30 Dosen), 2 Flaconen Novavax (20 Dosen) an 2 Flaconen Johnson & Johnson (10 Dosen).

Den Impfbus huet och weider Contrainten: De Bus kann zum Beispill eréischt nom Opgoe vum Impfzentrum fortfuere an muss virum Zoumaache vum Impfzentrum nees zeréck sinn, well d'Impfdose moies frësch preparéiert a geluede mussen ginn, an d'Reschtdosen och owes erëm korrekt am Impfzenter mussen stockéiert ginn. Dëst bréngt deemto mat sech, datt d'Zäit, wou de Bus sur place ka sinn, fir ze impfen, limitéiert ass.

D'Situatioun zu Miersch war exzeptionell doduerch, dass vill Leit op eemol een zweete Rappel (4. Dosis) wollte kréien. Et gëtt de Leit fir e Rappel ugeroden, idealerweis, e Rendez-vous ze huelen am Impfzentrum, beim Generalist oder an der Apdikt. D'Equipe vum Impfbus ass an Zwëschenzäit awer mat enger weiderer Infirmière ausgestatt ginn (am Ganzen dann dräi Infirmiëren), fir engem eventuelle Pic vun Demandé besser kënne Rechnung ze droen.

Zwëschen dem 19. Abrëll an dem 20. Juli goufen am Ganzen 31.399 Impfungen gemaach, dovun 2.072 am

Impfbus. Sait dem Ufank, wou den Impfbus besteet, goufen 10.800 Impfungen an dësem gemaach.

**Émissions CO<sub>2</sub> des missions étatiques** | Question 6503 (19/07/2022) de **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk)

Lors de son discours sur l'état de la nation en octobre 2021 Monsieur le Premier Ministre a annoncé vouloir proposer au Gouvernement en conseil d'établir un système de comptabilisation et de compensation des émissions de CO<sub>2</sub> liées aux voyages de missions étatiques. Un tel système serait déjà en cours de développement et pourrait entrer en vigueur avec la loi budgétaire de 2023 pour compenser les émissions de CO<sub>2</sub> comptabilisées au cours de l'année 2022.

Partant je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Premier Ministre :

1) Le système de compensation tel que présenté lors de l'état de la nation de 2021 a-t-il déjà été validé par le Gouvernement en conseil ? Dans l'affirmative, entrera-t-il bien en vigueur avec la loi budgétaire pour l'année 2023 pour compenser les émissions de CO<sub>2</sub> comptabilisées en 2022 ?

2) La compensation envisagée des émissions de CO<sub>2</sub> ne concernera-t-elle que les déplacements des membres de délégations étatiques (ministres, fonctionnaires et employé.e.s publics) ou bien tou.te.s les participant.e.s aux missions tels que les représentant.e.s du secteur privé ? Les représentant.e.s du secteur privé faisant partie des missions étatiques seront-ils également obligés de compenser leurs émissions de CO<sub>2</sub> ?

3) Quels moyens de déplacement seront visés par le système de compensation mis en place ? Concernera-t-il uniquement les vols ou bien s'appliquera-t-il également aux voyages en voiture ou en train ?

4) Combien de missions étatiques déjà effectuées en 2022 seront prises en compte par le nouveau système de compensation ? Combien de tonnes de CO<sub>2</sub> émises ont-été comptabilisées dans le cadre de ces missions ?

5) Quel sera le prix par tonne de CO<sub>2</sub> émise dans le contexte des missions étatiques qui entrera dans le système de comptabilisation et qui déterminera les montants à déboursier pour financer la compensation ?

Monsieur le Premier Ministre a également annoncé que les recettes de ce système de compensation seraient imputées au Fonds pour le climat pour « accélérer les efforts en matière de protection du climat au Luxembourg ». Or, la mise en place d'un système de compensation de CO<sub>2</sub> émis dans le cadre de missions étatiques devrait en principe générer des recettes qui devraient être réinvesties dans la réduction d'au minimum la même quantité de tonnes de CO<sub>2</sub> émise par le voyage de mission en question. Vu qu'il s'agit selon les dires de Monsieur le Premier Ministre de faire des efforts pour la protection du climat au Luxembourg, des mesures permettant une réduction réelle d'émissions devraient être mises en place pour compenser celles liées aux missions étatiques. Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Premier Ministre.

6) Les recettes imputées au Fonds pour le climat seront-elles directement et intégralement investies dans des mesures de réduction ou de séquestration de CO<sub>2</sub> sur le territoire luxembourgeois ?

7) Sachant que de nombreuses mesures financées par le biais du Fonds pour le climat ne contribuent pas forcément à réduire les émissions de CO<sub>2</sub> au Luxembourg et que la quantité d'émissions réduites par ces mesures n'est pas comptabilisable de manière

exacte, quelles mesures seront éligibles pour faire l'objet d'une compensation directe et intégrale ?

**Réponse** (19/08/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | **Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1) En sa séance du 7 janvier 2022, le Gouvernement en conseil a approuvé un projet de circulaire relative à la comptabilisation des émissions de CO<sub>2</sub> des voyages de service des membres du Gouvernement et des agents de l'État à l'étranger par voie aérienne. Pour plus d'informations, veuillez consulter le communiqué du Conseil de Gouvernement :

[https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes\\_actualites/communiqués/2022/01-janvier/07-conseil-gouvernement.html](https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/communiqués/2022/01-janvier/07-conseil-gouvernement.html)

Le mécanisme de compensation sera opérationnel dès 2023 sous réserve de l'approbation de l'avant-projet de loi concernant le budget pour l'exercice 2023 par le Gouvernement en conseil et du vote du projet de loi par la Chambre des Députés.

ad 2) La compensation des émissions de CO<sub>2</sub> ne concerne que les voyages de service effectués par les membres du Gouvernement et les agents de l'État au sens du règlement grand-ducal du 14 juin 2015 sur les frais de route et de séjour ainsi que sur les indemnités de déménagement des fonctionnaires et employés de l'État.

Les voyages de service effectués par les personnes étrangères à l'administration sont visés par le mécanisme de compensation lorsque ces personnes ont été assimilées en vertu de l'article 9 du règlement grand-ducal précité.

ad 3) À l'heure actuelle, le mécanisme de compensation vise uniquement les voyages en avion. En effet, l'avion constitue de loin le moyen de transport le plus polluant et les émissions de CO<sub>2</sub> y relatives peuvent être facilement calculées grâce au calculateur de l'Organisation de l'aviation civile internationale (OACI). Les voyages en train et en voiture ont été exclus vu la complexité de la détermination des émissions de CO<sub>2</sub> qui varie en fonction du mode de propulsion (voyages en train au diesel ou électrique, voyages en voiture au diesel, à l'essence, hybride ou électrique).

ad 4) Le mécanisme de compensation prendra en compte l'intégralité des voyages de service par voie aérienne. À la mi-août 2022, 619 t de CO<sub>2</sub> ont été comptabilisées dans le cadre de ces missions.

ad 5) Le prix par tonne de CO<sub>2</sub> sera arrêté par le Gouvernement en conseil dans le cadre de l'avant-projet de loi concernant le budget pour l'exercice 2023. Ce prix tiendra compte de critères objectifs en vue de permettre une compensation efficace.

ad 6) Aux fins de pouvoir réaliser les compensations susmentionnées, le Fonds climat et énergie sera alimenté du montant correspondant au nombre de tonnes de CO<sub>2</sub> à compenser multiplié par le prix par tonne de CO<sub>2</sub>.

Si des mesures de réduction ou de séquestration de CO<sub>2</sub> réalisées sur le territoire national devaient être utilisées pour cette compensation, ces réductions devraient être certifiées par un organisme externe et elles devraient être retirées du bilan national que le Luxembourg fait valoir pour respecter ses obligations sous le règlement (UE) 2018/842 relatif aux réductions annuelles contraignantes des émissions de gaz à effet de serre par les États membres de 2021 à 2030. À défaut, cette compensation constituerait un double-compte par rapport aux obligations auxquelles le Luxembourg s'était déjà engagé auparavant. Il y a en outre lieu de noter que la plus grande partie du CO<sub>2</sub> produit par les voyages de service en

avion n'est pas émise sur le territoire luxembourgeois, mais à l'étranger. En conséquence, le Gouvernement envisage de recourir, du moins dans un premier temps, à des compensations en dehors du territoire luxembourgeois.

ad 7) L'enveloppe de 220 millions d'euros que le Luxembourg met à disposition pour le « financement climatique international » dans les pays en développement durant la période 2021 à 2025 vise en effet à la fois la réduction des émissions de gaz à effet de serre, l'adaptation aux conséquences du changement climatique et la reforestation respectivement la gestion durable des forêts. Toutefois, aux fins de la compensation des émissions de CO<sub>2</sub> des voyages de service effectués par les membres du Gouvernement et les agents de l'État, il sera recouru à des mesures générant des réductions des émissions certifiées conformément aux dispositions de l'Accord de Paris, tout en respectant les critères de la stratégie luxembourgeoise pour le financement climatique international.

**Quatrième vaccination contre la Covid-19 pour le personnel du secteur de la santé** | Question 6506 (20/07/2022) de **M. Marc Spautz** (CSV)

Mëtt Juli huet de Gesondheitsministère eng véiert Dosis vun der Impfung géint Covid-19 fir Leit iwwer 60 a fir Persounen, déi e schwéiere Krankheitsverlaf riskéieren, recommandéiert. Niefert dësen zwou Persoungengruppen ass awer och d'Personal aus dem Gesondheits- a Flegesecteur engem héije gesondheetleche Risiko ausgesetzt.

An deem Kontext wëllt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

– Plangt d'Madamm Minister, dem Personal aus dem Gesondheits- a Flegesecteur d'Méiglechkeet fir eng véiert Covid-19-Impfung op fräiwëlleger Basis unzebidden?

• Wa jo, vu wéini un a wéi soll dës Offer an der Praxis ëmgesat ginn?

• Wann net, firwat net?

**Réponse** (16/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

D'Leit iwwer 60 Joer, wéi d'Leit, déi eng speziell Vulnerabilitéit opweisen, hunn een erhéicht Risiko, fir schwéier Verleef vum Covid-19 ze entwéckelen, a kréien dofir eng véiert Dosis (zweete Rappell) Impfstoff proposéiert.

D'Gesondheitspersonal gouf initial Enn 2020/Ufank 2021 prioritär geimpft, mat der Iddi, ee „cordon sanitaire“ ronderëm déi vulnerabel Patienten opzebauen an dës domat géint eng Infektioun ze schützen. Wéi och de Groupe d'experts iwwer d'Impfpflicht festgestallt huet, funktionéiert dës Approche aktuell net méi, well den Impfstoff net d'Infektioun mam Omicron-Variant wiersam verhënnert, mee nëmmen eng Efficacitéit op d'schwéier Krankheitsverleef behält.

En plus huet d'Gesondheitspersonal, ausser et géif sech dobäi och selwer ëm vulnerabel Leit handeln, kee besonnesche gesondheetleche Risiko duerch Covid-19, an zwar aus dräi Grënn:

1. Den Omicron-Variant gëtt manner schlëmm Krankheitsverleef bei Leit ënner 60 Joer.

2. D'Gesondheitspersonal applizéiert rigouréis d'hygieenesch Virschreften, a schützt sech systematesch duerch Masken (nach Pflicht an deem Secteur) an aner „équipement de protection individuelle (EPI)“.

3. D'Gesondheitspersonal huet aktuell eng gutt Basisimmunitéit duerch vergaangen Impfungen an eventuell Infektiounen.



Falls beim Gesondheetspersonal Leit iwwert 60 Joer oder mat Vulnerabilitéit sinn, kënnen si natierlech wéi all aner Leit och geimpft ginn.

Et ass duerchaus méiglech, dass am Hierscht, wann een adaptéierten Impfstoff zur Verfügung steet, eng véiert Impfung fir d'Gesondheetspersonal – wéi och warscheinlech fir d'Allgemengbevölkerung – proposéiert gëtt.

**Limite territoriale concernant les poursuites policières** | Question 6508 (20/07/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** | **M. Dan Biancalana** (LSAP)

Jusqu'ici, il n'était pas permis aux forces de l'ordre françaises et luxembourgeoises de poursuivre sur les territoires du voisin un suspect sous le régime du flagrant délit au-delà de dix kilomètres.

Le Ministre de l'Intérieur français et le Ministre de la Sécurité intérieure du Luxembourg viennent de signer un accord sur la suppression de la limite des dix kilomètres.

1) Nous aimerions dès lors savoir de Monsieur le Ministre quel est le contenu exact de cet accord.

2) Selon quelles modalités ces poursuites pourront-elles se dérouler ?

3) Quelle a été dans le passé la fréquence des poursuites endéans des dix kilomètres et combien de fois les poursuites ont dû être interrompues à cause de cette limite ?

**Réponse** (22/08/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

Lors de la dernière évaluation du Luxembourg de l'application de l'acquis de Schengen (SCHEVAL) en 2016, les experts de la Commission européenne ont constaté que le cadre juridique luxembourgeois en matière de coopération policière avec ses États limitrophes serait partiellement incohérent et ne refléterait pas nécessairement l'évolution de la coopération policière transfrontalière des 20 dernières années. Dans son rapport, la Commission recommande au Luxembourg de considérer une mise à jour de sa déclaration unilatérale définissant les modalités de la poursuite transfrontalière, et d'envisager de lever la limite des dix kilomètres imposée aux pays limitrophes. Suite à ces recommandations, le Grand-Duché de Luxembourg s'est concerté avec les autorités françaises en vue d'une harmonisation des règles relatives à l'exercice de la poursuite transfrontalière. La France s'était vue adresser des recommandations similaires au Luxembourg dans le cadre de son évaluation SCHEVAL. Ainsi, les deux pays se sont mis d'accord pour adapter leurs déclarations unilatérales respectives en ce qui concerne la limite géographique dans laquelle les poursuites peuvent s'exercer.

La mise à jour de la déclaration unilatérale définissant les modalités de la poursuite transfrontalière du Luxembourg a suivi la procédure législative. La loi du 22 juin 2022 portant approbation de la déclaration unilatérale du Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg définissant les modalités de la poursuite transfrontalière en application de l'article 41, paragraphe 9, de la Convention d'application de l'Accord de Schengen du 14 juin 1985 entre les Gouvernements des États de l'Union économique Benelux, de la République fédérale d'Allemagne et de la République française relatif à la suppression graduelle des contrôles aux frontières communes, signée à Schengen, le 19 juin 1990 est entrée en vigueur le 11 juillet 2022. Les modifications de la déclaration unilatérale française sont entrées en vigueur le même jour, par le biais d'une déclaration signée par le Ministre de l'Intérieur de la République française en

présence du Ministre de la Sécurité intérieure à l'occasion d'une rencontre bilatérale en marge du Conseil « Justice et affaires européennes ».

ad 1) et 2) Les modalités de la poursuite transfrontalière de part et d'autre de la frontière sont déterminées par la Convention d'application de l'Accord de Schengen du 14 juin 1985 (CAAS) ainsi que les déclarations unilatérales de chaque État membre.

Ainsi la CAAS prévoit un certain nombre de règles générales qui s'appliquent à l'exercice de la poursuite transfrontalière. Elle prévoit en son article 41 la possibilité pour les agents d'une partie contractante de continuer, sur le territoire d'une autre partie contractante, la poursuite, entamée sur leur territoire, d'une personne prise en flagrant délit de commission d'une des infractions visées au paragraphe 4 ou de participation à l'une desdites infractions.

La CAAS prévoit également, entres autres :

- que la poursuite peut être exercée sans autorisation préalable, lorsque les autorités compétentes de l'autre partie contractante n'ont pu être averties préalablement de l'entrée sur leur territoire, en raison de l'urgence particulière, ou que ces autorités n'ont pu se rendre sur place à temps pour reprendre la poursuite,
- ou encore l'avertissement de l'autre partie contractante au plus tard au moment du franchissement des frontières.

Dans son article 41, paragraphe 9, elle dispose en outre que chaque partie contractante doit faire une déclaration dans laquelle elle définit les modalités d'exercice de la poursuite sur son territoire pour chacune des parties contractantes avec laquelle elle a une frontière commune. Le même paragraphe accorde la possibilité aux parties contractantes de remplacer à tout moment leur déclaration par une autre, à condition qu'elle ne restreigne pas la portée de la précédente. Il prévoit en outre que chaque déclaration définissant les modalités de la poursuite transfrontalière soit faite dans un esprit d'équivalence des régimes applicables de part et d'autre des frontières intérieures.

La déclaration unilatérale luxembourgeoise détermine les infractions pouvant donner lieu à une poursuite transfrontalière, le périmètre dans lequel les agents étrangers peuvent entrer sur le territoire luxembourgeois, ainsi que la possibilité d'accorder un droit d'interpellation aux agents étrangers lors d'une poursuite.

En ce qui concerne la frontière commune du Grand-Duché de Luxembourg et de la République française, la déclaration prévoit que la poursuite s'exerce sans limitation dans l'espace ou dans le temps, abolissant donc la limite de dix kilomètres prévue par la déclaration initiale de 1992. Les autres dispositions restent inchangées, ainsi les agents français ne disposent pas d'un droit d'interpellation et la poursuite se limite aux personnes évadées et aux personnes prises en flagrant délit de commission d'une des infractions visées à l'article 41, paragraphe 4, point a) de la CAAS ou de participation à l'une desdites infractions.

La liste détaillée desdites infractions :

- Assassinat,
- Meurtre,
- Viol,
- Incendie volontaire,
- Fausse monnaie,
- Vol et recel aggravés,
- Extorsion,
- Enlèvement et prise d'otage,
- Trafic d'êtres humains,

- Trafic illicite de stupéfiants et substances psychotropes,
- Infractions aux dispositions légales en matière d'armes et explosifs,
- Destruction par explosifs,
- Transport illicite de déchets toxiques et nuisibles,
- Délit de fuite à la suite d'un accident ayant entraîné la mort ou des blessures graves.

La déclaration française prévoit les mêmes dispositions envers les agents luxembourgeois.

ad 3) Dans la période du 1<sup>er</sup> janvier 2019 jusqu'au 27 juillet 2022, le Luxembourg a mené trois poursuites vers la France endéans les dix kilomètres. Les autorités françaises ont conduit une poursuite sur le territoire luxembourgeois endéans les dix kilomètres au cours de cette période.

Ces statistiques par contre ne permettent pas de répondre à la question « combien de fois les poursuites ont dû être interrompues à cause de cette limite », comme la limitation de dix kilomètres présentait une condition de base pour les policiers. Les présentes statistiques sont donc relatives aux poursuites réellement exercées. Il est probable, sur base de l'expérience policière opérationnelle, que plusieurs poursuites transfrontalières n'ont pas eu lieu en raison de la limitation antérieure de dix kilomètres.

**Contrôle du registre des bénéficiaires effectifs** | Question 6510 (20/07/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** | **M. Dan Biancalana** (LSAP)

Dans un communiqué officiel, la Police grand-ducale vient d'informer le grand public qu'elle a procédé pendant les deux dernières semaines à « des vérifications aux sièges et/ou adresses de diverses entités visées par la loi RBE (Registre des bénéficiaires effectifs) sur tout le territoire du Grand-Duché afin de détecter des infractions à ladite loi ».

Outre des représentants des parquets de Diekirch et Luxembourg, entre 160 et 200 membres de la police ont été mobilisés et plus de 100 procès-verbaux ont été dressés. Cette action coup de poing d'une envergure exceptionnelle, annoncée en date du 1<sup>er</sup> juillet, sera poursuivie tout au long de l'été.

Pour rappel: depuis le 1<sup>er</sup> mars 2019, la loi du 13 janvier 2019 instituant un registre des bénéficiaires effectifs, oblige toute entité enregistrée au Registre de commerce et des sociétés à inscrire certaines informations concernant ses bénéficiaires effectifs dans le RBE. Sont concernées les associations sans but lucratif, les sociétés commerciales ou encore les sociétés civiles.

Un des buts déclarés de cette loi est la lutte contre le blanchiment et le financement du terrorisme.

- 1) Dans ce contexte, nous aimerions savoir des membres du Gouvernement concernés quel est le statut des entités contrôlées et combien d'entités ont été contrôlées.
- 2) Quelle a été la forme juridique des entités qui ont fait l'objet de procès-verbaux ?
- 3) Est-ce que des priorités ont été établies pour les vérifications récentes et à venir ?
- 4) Est-ce que des constats ont pu être fait en rapport avec le blanchiment respectivement le terrorisme ?
- 5) Depuis l'entrée en vigueur de la loi précitée, combien d'entités ont été verbalisées et quels ont été les montants des amendes prononcées ?
- 6) Est-ce que des actions comparables sont prévues dans d'autres domaines et le cas échéant lesquels ?

PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L - 3208 BETTEMBOURG

7) Combien d'entités tombant sous le champ d'application du RBE ne sont actuellement pas conformes à la loi ? Quel est le nombre des ASBL parmi ces entités ?

**Réponse** (22/08/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1) et 2) Toutes les entités visées sont susceptibles d'infraction(s) à la loi RBE<sup>2</sup>, dans la mesure où des vérifications préalablement effectuées le confirment. Ces entités sont donc sous le statut d'une personne étant susceptible d'avoir participé à une infraction.

Nous reprenons ci-après dans un premier lieu le statut des entités contrôlées lors des journées d'action d'envergure Eco/Fin dans les quatre régions de police, et, en deuxième lieu, le statut de toutes les entités visées dans le cadre de cette action jusqu'à la fin d'été.

Lors des journées de contrôle dans les quatre régions, 82 entités ont été contrôlées ayant les formes juridiques suivantes :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Au total, 437 entités seront contrôlées dans le cadre de cette action d'envergure Eco/Fin. Elles représentent les formes juridiques suivantes (y comprises les 82 entités citées ci-devant) :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Ces chiffres sont actuellement à considérer avec prudence (parfois les formes juridiques peuvent changer), un bilan final avec les chiffres définitifs sera dressé et publié en septembre 2022, à la fin de l'action citée.

Toutes ces entités ont fait l'objet de procès-verbaux.

ad 3) Un relevé généré par les autorités judiciaires a été mis à disposition des forces de police pour cette action.

ad 4) Il est prématuré de tirer un bilan par rapport aux constatations éventuelles en matière de blanchiment, respectivement de terrorisme ou de financement du terrorisme. La non-inscription ou des inscriptions erronées de façon volontaire et intentionnelle dans le RBE peuvent constituer les premières étapes pour utiliser ensuite les entités en question comme moyen/outil dans le cadre des infractions évoquées. La simple existence du RBE et des contrôles massifs effectués, sont susceptibles d'empêcher d'éventuels délinquants de poursuivre leurs intentions malveillantes.

ad 5) (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 6) Des réflexions communes sont menées au niveau des parquets et de la Police grand-ducale. Pour des raisons d'efficacité, il est prématuré de communiquer à ce sujet.

ad 7) En date du 20 juillet 2022, il y avait 9.204 entités en non-conformité RBE, dont 1.291 ASBL.

**Informations en relation avec les transports publics** | Question **6513** (20/07/2022) de **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk)

Dans le tram, l'affichage des stations de la ligne se fait sur écran. Cependant, étant donné que les écrans sont souvent réservés à d'autres usages, il n'y a pas d'affichage informant en permanence sur réguliers, les touristes ou autres personnes qui prennent le tram de manière occasionnelle ont souvent du mal à s'orienter. Aussi, l'annonce sonore des arrêts est souvent inaudible pendant les horaires à forte fréquentation et elle n'est évidemment d'aucune aide pour les personnes sourdes ou malentendantes.

Partant, j'aimerais poser la question suivante à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Ne serait-il pas indiqué de réserver les écrans dans le tram à un affichage permanent des stations de la

ligne ? Dans la négative, est-ce que des solutions alternatives sont envisageables ?

Le site Internet et l'application [mobilitet.lu](http://mobilitet.lu) est un service du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics qui renseigne sur les horaires de tous les transports publics au Luxembourg. Si ce service est d'une grande aide au quotidien, force est de constater qu'il ne prend pas en compte les changements d'horaire à courte échéance. Par exemple, si des trains sont supprimés, l'information n'est pas relayée par [mobilitet.lu](http://mobilitet.lu).

Dans ce contexte, j'aimerais poser la question suivante à Monsieur le Ministre :

2) Ne faudrait-il pas faire évoluer le service de manière à ce que les informations soient relayées en temps réels ?

**Réponse** (25/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) Les écrans dans les tramways sont partagés en deux. La partie de gauche est réservée à la publicité institutionnelle et commerciale. La partie de droite est réservée à l'information voyageurs qui est composée d'un thermomètre affichant la destination finale et les prochains arrêts.

Pour des raisons techniques l'affichage de l'information voyageurs n'est plus opérationnel que dans certains tramways. Le fournisseur du système d'information voyageur travaille actuellement sur la résolution du problème et de sa compatibilité complète avec les systèmes embarqués du tramway.

Le fonctionnement nominal du système d'information voyageurs devrait être rétabli dans les prochaines semaines.

ad 2) Le système d'information voyageurs embarqué dans les tramways produit les informations nécessaires au temps réel et les transmet via la plateforme commune avec les autobus de la Ville de Luxembourg à l'Administration des transports publics pour affichage sur les différentes applications de [mobilitet.lu](http://mobilitet.lu).

<sup>2</sup> Loi du 13 janvier 2019 instituant un Registre des bénéficiaires effectifs (ci-après « Loi RBE »)



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfille beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ  
PS/799



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03

Nouvelles lois

p. 04-06

Séances publiques

p. 07-76

Questions au Gouvernement

p. 77-99

2021-2022

# N°20

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03

Nouvelles lois ..... p. 04-06

Séances ..... p. 07-76

58<sup>e</sup> séance du jeudi 9 juin 2022 ..... p. 07-35

59<sup>e</sup> séance du mardi 14 juin 2022 ..... p. 36-55

60<sup>e</sup> séance du mercredi 15 juin 2022 ..... p. 55-76

Questions au Gouvernement ..... p. 77-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

27/01/2023

#### Concept et layout :

brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





## Visite du Commissaire européen à la Justice

# Le Luxembourg, bon élève en matière d'État de droit malgré des bémols

Le troisième rapport annuel sur l'État de droit au Luxembourg et dans l'Union européenne a été présenté par le Commissaire européen à la Justice, M. Didier Reynders, le 16 janvier 2023 en présence des députés et des eurodéputés luxembourgeois. Ce rapport comprend les contributions de chaque État membre de l'Union européenne et passe en revue les développements tant positifs que négatifs observés dans l'ensemble de l'Union européenne. Il s'agit d'un rendez-vous annuel lors duquel le Commissaire à la Justice fait le tour des parlements nationaux pour présenter le rapport et pour en débattre.

« Le système luxembourgeois est très indépendant et fonctionne de manière efficace », a déclaré d'emblée le Commissaire européen à la Justice. Selon M. Reynders, l'État de droit au Luxembourg a encore été renforcé récemment grâce à la révision de la Constitution luxembourgeoise, et notamment par la création, prévue par celle-ci, du Conseil national de la justice. Le Commissaire européen a également salué le renforcement des ressources humaines au sein des différents parquets. Ces efforts doivent, toujours selon le Commissaire, être poursuivis.

Un des défis au niveau national évoqués lors de l'échange avec les députés était celui de la pratique du « pantouflage » qui n'est encadré, selon M. Reynders, que pour les membres du Gouvernement. Le « pantouflage » consiste à pratiquer un entre-soi entre le milieu politique et celui des affaires privées, notamment en ce qui concerne l'attribution de postes. Les règles existantes en la matière devraient, selon M. Reynders, devenir plus strictes.



Les députés et les eurodéputés luxembourgeois se sont entretenus avec le Commissaire européen à la Justice, M. Didier Reynders (11<sup>e</sup> à gauche), au sujet du troisième rapport annuel sur l'État de droit au Luxembourg et dans l'Union européenne.

La guerre en Ukraine a également été abordée au cours des échanges. Le Commissaire européen a salué que le Luxembourg figure parmi les trois pays ayant réalisé le plus de gels d'avoirs de citoyens et d'entités russes sur leur territoire. Il a aussi annoncé dans ce contexte que les tentatives de contourner les sanctions contre la Russie seraient à l'avenir considérées comme des « eurocrimes ». Les députés ont encore souhaité aborder plusieurs sujets avec le

Commissaire à la Justice, dont ceux des sanctions éventuelles lorsque des États membres de l'Union européenne ne respectent pas les principes de l'État de droit, du « Foreign Account Tax Compliance Act » (FATCA) ou encore du devoir de vigilance.

## Visite officielle à la Cour de justice de l'Union européenne (CJUE)

## « Les décisions de la CJUE sont largement respectées au niveau européen »

Les membres du Bureau et de la Commission de la Justice ont effectué une visite officielle le 11 janvier 2023 à la Cour de justice de l'Union européenne (CJUE), située sur le plateau de Kirchberg. À cette occasion, ils ont pu débattre avec des représentants de la CJUE, dont le Président, M. Koen Lenaerts, ainsi

qu'un parterre de juges, parmi lesquels l'ancien ministre luxembourgeois, M. François Biltgen, l'ancien Président de la Cour européenne des droits de l'homme et actuel Président de la 1<sup>ère</sup> chambre du Tribunal de la CJUE, M. Dean Spielmann, et le juge et ancien Président du Tribunal de la CJUE, M. Marc Jaeger.

« Les décisions de la CJUE sont largement respectées au niveau européen », a affirmé le Président de la Cour, s'adressant aux députés. Pour M. Lenaerts, l'affaire de 2020 autour de l'achat de titres publics par la Banque centrale européenne, dans laquelle un arrêt de la Cour constitutionnelle allemande avait remis en question la compétence en la matière de la CJUE, est un cas très particulier. La tendance globale, selon le Président de la Cour, va vers davantage de respect de la primauté du droit de l'Union européenne sur toute législation nationale.

La discussion a encore porté sur un large éventail de sujets incluant les conséquences de la guerre en Ukraine sur les affaires traitées à la Cour ou encore les questions qui se posent actuellement au Luxembourg autour des contradictions entre les textes européens en matière de protection des données et ceux qui encadrent les obligations en matière de transparence.



© CJUE (German Talavera)

Les membres du Bureau et de la Commission de la Justice ont été accueillis par des représentants de la CJUE, notamment son Président, M. Koen Lenaerts (au milieu).



## Élections communales de 2023

**7892 – Projet de loi portant modification : 1° de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ; 2° de la loi modifiée du 10 juillet 2011 portant organisation de l'Institut national de la statistique et des études économiques et modifiant la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ; 3° de la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques**

Vu que les élections législatives et communales auront lieu en 2023, il y a lieu d'avancer les élections communales du deuxième dimanche du mois d'octobre au premier dimanche du mois de juin 2023 ou à l'un des deux dimanches précédant ou suivant ce jour. En exécution de l'article 186 de la loi électorale modifiée du 18 février 2003, le règlement grand-ducal du 3 décembre 2021 a fixé la date pour les élections communales de 2023 au 11 juin. Il y a lieu de procéder encore à des modifications au niveau de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, ci-après « loi communale », afin de compléter le cadre légal actuellement en place par des dispositions supplémentaires qui tiennent compte de l'organisation d'élections communales ordinaires, soit au mois de mai, soit au mois de juin.

Les articles relatifs à la fixation du nombre des conseillers communaux, à la fixation du nombre d'échevins, à la cessation des fonctions du conseil communal ainsi qu'au point de départ du mandat, respectivement suite à des élections communales ordinaires conformément à l'article 186 précité de la loi électorale modifiée ou à une dissolution du conseil communal conformément à l'article 190 de la loi électorale modifiée, sont adaptés.

En outre, le projet de loi sous rubrique vise à changer la base de données servant à la détermination du nombre de conseillers communaux et du nombre des échevins à attribuer à chaque commune. Il est ainsi proposé de remplacer les chiffres du recensement général de la population par le nombre d'habitants du registre national des personnes physiques.

Dépôt par Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, le 30/09/2021

Rapporteuse : Mme Simone Asselborn-Bintz

Travaux de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes

(Président : M. Dan Biancalana) :

09/06/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi  
Examen de l'avis du Conseil d'État  
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 15/06/2022

Loi du 15 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 398, page 1

## Création d'un Institut de formation de l'éducation nationale

**7894 – Projet de loi modifiant : 1° la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ; 2° la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ; 3° la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques ; b) la création d'un Centre de gestion informatique de l'éducation ; c) l'institution d'un Conseil scientifique ; 4° la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental ; 5° la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ; et abrogeant la loi du 20 juin 2020 portant dérogation : 1° aux chapitres 2 à 3quater de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ; 2 à l'article 5 de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire**

Le projet de loi a pour objet :

1) d'adapter l'organisation de l'Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN) en intégrant la division du développement des établissements scolaires et en créant une division de la formation du personnel dirigeant et coordonnant de l'Éducation nationale ainsi qu'une division du soutien et de l'accompagnement professionnel et psycho-social ;

2) d'homogénéiser la procédure de traitement des demandes de réduction de la période d'initiation des employés sur le modèle de celle des fonctionnaires stagiaires ;

3) d'adapter la structure du chapitre 3 de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale afin de faciliter sa lecture et sa compréhension ;

4) d'adapter dans la loi précitée du 30 juillet 2015 la terminologie de certains éléments en concordance avec la loi du 1<sup>er</sup> août 2019 concernant l'Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse et la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

5) de reprendre dans la loi précitée du 30 juillet 2015 les dispositions du règlement grand-ducal du 29 août 2017 déterminant les modalités d'admission au statut de fonctionnaire de l'État des employés de l'État relevant du sous-groupe enseignement, en intégrant les observations du Conseil d'État dans son avis 60.332 ;

6) d'assurer une meilleure adéquation des dispositions relevant du traitement des prolongations de stage avec la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

7) d'assurer une meilleure adéquation des dispositions relevant des réductions de stage et de la période d'initiation avec la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

8) de corriger des erreurs matérielles dans la loi précitée du 30 juillet 2015 ;

9) d'aligner le bénéfice d'une indemnité non pensionnable de 45 points indiciaires pour les responsables de division et chargés de mission de l'IFEN sur les dispositions prévues pour le Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) par la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques ; b) la création d'un « Centre de gestion informatique de l'éducation » ; c) l'institution d'un Conseil scientifique ;

10) d'abroger la loi du 20 juin 2020 portant dérogation : 1° aux chapitres 2 à 3quater de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ; 2° à l'article 5 de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire, dont les dispositions relevant de l'état de crise lié au Covid-19 n'ont plus lieu d'être.

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 01/10/2021

Rapporteur : M. Claude Lamberty

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

(Président : M. Gilles Baum) :

01/04/2022 Présentation du projet de loi  
25/04/2022 Désignation d'un rapporteur  
Examen de l'avis du Conseil d'État  
Adoption d'une série d'amendements parlementaires  
01/06/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
08/06/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 14/06/2022

Loi du 8 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 346, page 1

## Pôle d'échange multimodal de la gare d'Ettelbruck

**7939 – Projet de loi modifiant la loi du 23 décembre 2014 relative à la réalisation du Pôle d'échange multimodal de la gare d'Ettelbruck et à la modification de la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire**

Le présent projet de loi propose une rallonge financière de 39,3 millions d'euros pour le département des Travaux publics – Administration des ponts et chaussées (Fonds des routes) de la loi du 23 décembre 2014 relative à la réalisation du Pôle d'échange multimodal de la gare d'Ettelbruck et à la modification de la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire pour les projets financés par le Fonds des routes. Ensuite, un nouvel article 5 est intégré dans la loi initiale afin de déclarer d'utilité publique l'ensemble du projet de réalisation du Pôle d'échange multimodal de la gare d'Ettelbruck.

Vu qu'il s'agit d'une modification des limites financières fixées par une loi de 2014, les montants mentionnés dans le dossier parlementaire de dépôt ainsi que dans le présent rapport correspondent non pas à la valeur actuelle de l'indice semestriel des prix à la construction, mais à la valeur 738,97 applicable au 1<sup>er</sup> octobre 2013.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 27/12/2021

Rapporteuse : Mme Jessie Thill

Travaux de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

(Présidente : Mme Chantal Gary) :

12/05/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

19/05/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 09/06/2022

Loi du 15 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 410, page 1

## Financement du projet « An der Schmëtt »

### 7970 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du développement de logements du projet « An der Schmëtt »

Le projet de loi 7970 a pour objet d'autoriser l'État à participer au financement du projet de logements abordables du Fonds du logement « An der Schmëtt » situé à Wecker (commune de Biber). Le projet prévoit la construction de 164 nouveaux logements au total à réaliser d'ici 2028.

La participation financière étatique estimée en vue du développement des logements du projet « An der Schmëtt » s'élève à un total de 113.344.384 euros. Il y a lieu de déduire de ce montant les subventions déjà perçues par le Fonds du logement pour ce projet, soit quelque 5,6 millions d'euros. L'enveloppe budgétaire à considérer pour le présent projet de loi de financement est dès lors fixée à 108.000.000 euros.

Dépôt par M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 24/02/2022

Rapporteuse : Mme Semiray Ahmedova

Travaux de la Commission du Logement

(Présidente : Mme Semiray Ahmedova) :

01/03/2022 Présentation du projet de loi

19/05/2022 Désignation d'un rapporteur

Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 09/06/2022

Loi du 30 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 349, page 1

## Création de l'École internationale Gaston Thorn

### 7978 – Projet de loi portant création d'un lycée à Luxembourg et modification de la loi du 17 décembre 2021 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022

Afin de garantir l'égalité des chances pour tous les élèves, le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse s'est engagé à mettre en place un système scolaire où chaque enfant peut trouver sa place. Étant donné que la population scolaire devient de plus en plus hétérogène, il s'avère nécessaire d'adapter l'offre scolaire nationale aux caractéristiques linguistiques et culturelles des élèves. C'est ainsi que le Ministère entend continuer ses efforts en matière de diversification de l'offre scolaire, notamment par l'extension du réseau des écoles internationales publiques.

Force est en effet de constater qu'au cours des dernières années, la demande pour les programmes d'enseignement international a constamment augmenté, de sorte que les écoles européennes agréées comptaient un total de 4.719 élèves à l'année scolaire 2020-2021. L'enseignement international public a absorbé une grande partie de la croissance générale du nombre d'élèves induite par le solde migratoire et l'augmentation de la durée de scolarisation.

Actuellement, il existe cinq écoles internationales publiques sur le territoire du Grand-Duché :

- l'École internationale de Differdange et Esch-sur-Alzette (EIDE), inaugurée en 2016 ;
- l'École internationale Edward Steichen à Clervaux, inaugurée en 2018 ;
- l'École internationale Mondorf-les-Bains, inaugurée en 2018 ;
- le « Lënster Lycée International School », inauguré en 2018 ;
- l'École internationale Mersch Anne Beffort (EIMAB), inaugurée en 2021.

Afin de compléter ce réseau d'écoles et d'offrir le programme international dans chaque région du pays, le présent projet de loi prévoit la création d'une nouvelle école européenne sur le territoire de la Ville de Luxembourg. L'« École internationale Gaston Thorn » fonctionnera selon les principes d'une école européenne agréée et offrira trois ordres d'enseignement : une école européenne primaire, une école européenne secondaire et une voie de préparation à l'école européenne.

Contrairement aux écoles européennes privées, l'École internationale Gaston Thorn sera ouverte à tous les élèves et ne donnera aucune priorité aux enfants de parents qui travaillent dans une institution européenne. L'offre scolaire de l'école ne s'adressera non seulement aux élèves résidents qui désirent bénéficier d'un enseignement varié sur le plan linguistique et culturel, mais également aux jeunes qui ne résident que temporairement au Grand-Duché.

L'École internationale Gaston Thorn ouvrira ses portes pour la rentrée scolaire 2022-2023 et offrira dans une première phase trois sections linguistiques (germanophone, francophone et anglophone). Les élèves auront ultérieurement la possibilité de choisir leur première langue parmi le français, l'allemand, l'anglais, le portugais, l'italien ou l'espagnol, et ceci dès l'école primaire. Afin de faciliter l'intégration des élèves étrangers, l'apprentissage de la langue luxembourgeoise sera obligatoire pour tous les élèves de l'école primaire et des classes de l'école secondaire jusqu'au niveau S3 inclus.

Le concept pédagogique de l'école reposera sur trois piliers thématiques, à savoir les compétences numériques, les valeurs démocratiques et l'éducation musicale. La formation mènera au baccalauréat européen ou donnera accès à une formation professionnelle internationale.

L'École internationale Gaston Thorn fonctionnera en journée continue et accueillera environ trois cents élèves répartis sur deux sites, à savoir :

- une école primaire à Cessange ;
- une école secondaire, des classes d'accueil et des classes de la voie de préparation à Merl, dans le bâtiment « Blumm » sur le Campus Geeseknapchen.

À terme, l'École internationale Gaston Thorn s'installera dans le quartier du Limpertsberg.

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 10/03/2022

Rapporteur : M. Claude Lamberty

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

(Président : M. Gilles Baum) :

28/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

01/06/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

08/06/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 14/06/2022

Loi du 8 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 345, page 1

## Transposition de certaines mesures de l'accord tripartite

### 8000A – Projet de loi portant transposition de certaines mesures prévues par l'« Accord entre le Gouvernement et l'Union des entreprises luxembourgeoises et les organisations syndicales LCGB et CGFP » du 31 mars 2022 et modifiant :

1° le Code de la sécurité sociale ; 2° le titre I<sup>er</sup> de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ; 3° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ; 4° la loi modifiée du 24 juillet 2014 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures ; 5° l'article 3, paragraphe 7, de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ; 6° la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant modification 1. du Code de la sécurité sociale ; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant



## **l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant ; 7° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale**

Le présent projet de loi a pour objet de transposer certaines mesures de l'accord entre le Gouvernement, les représentants de l'Union des entreprises luxembourgeoises (UEL), du LCGB et de la CGFP, signé à l'issue du Comité de coordination tripartite.

Le projet de loi prévoit le report de la prochaine adaptation automatique des salaires déclenchée après le 1<sup>er</sup> avril 2022.

Quant à l'hypothèse d'une ou de plusieurs tranches indiciaires supplémentaires à celle prévue pour la mi-2022, il importe de souligner que, conformément à l'esprit de l'accord précité, toute adaptation additionnelle déclenchée entre le 1<sup>er</sup> avril 2022 et le 1<sup>er</sup> décembre 2023 donnera lieu à la convocation d'une nouvelle réunion du Comité de coordination tripartite dont l'objet est de discuter des modalités du décalage de ladite tranche indiciaire et des modalités de compensation de la perte du pouvoir d'achat à prévoir le cas échéant.

Le projet de loi introduit un Crédit d'impôt énergie (CIE), socialement ciblé, qui compensera, voire surcompensera pour les salaires les moins élevés la perte du pouvoir d'achat des ménages du fait du décalage de la tranche indiciaire prévue pour mi-2022 ainsi que de l'augmentation de la taxe CO<sub>2</sub> au 1<sup>er</sup> janvier des années 2022 et 2023 respectivement.

Dans le même ordre d'idées, un équivalent crédit d'impôt (ECI) sera versé à chaque bénéficiaire du revenu d'inclusion sociale (REVIS) et à chaque bénéficiaire du revenu pour personnes gravement handicapées (RPGH).

Afin que l'adaptation automatique des allocations familiales ne soit pas concernée par le décalage des tranches indiciaires, le présent projet de loi introduit une échelle mobile des allocations familiales (EMAF).

Le projet de loi vise ensuite à mettre en application la décision du Gouvernement, prise dans le cadre de l'accord suite aux réunions du Comité de coordination tripartite, consistant à revaloriser à partir de l'année académique 2022-2023 les aides financières de l'État pour études supérieures en accordant une enveloppe financière additionnelle de 10 millions d'euros. Cette enveloppe financière est à répartir sur la bourse de base, la bourse de mobilité et la bourse sur critères sociaux.

Les détails de ces adaptations ont été arrêtés à la suite de plusieurs échanges avec l'Association des cercles d'étudiants luxembourgeois (ACEL).

Il est à noter qu'il était initialement prévu de transposer également les mesures en matière de logement dans le présent projet de loi. Or, pour donner suite à l'avis du Conseil d'État, la Commission spéciale « Tripartite » a décidé de scinder le projet de loi initial (document parlementaire n° 8000) en deux projets de loi distincts dont le premier (document parlementaire n° 8000A) transpose les mesures énumérées ci-dessus, tandis que le deuxième (document parlementaire n° 8000B) transpose les mesures en matière de logement, hormis le gel des loyers jusqu'au 31 décembre 2022 qui est transposé par le présent projet de loi.

La fiche financière actualisée chiffre l'impact budgétaire des mesures transposées par le présent projet de loi à 530,8 millions d'euros.

Dépôt du projet de loi 8000 par Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 24/04/2022

Rapporteur : M. Gilles Baum

Travaux de la Commission spéciale « Tripartite »

(Président : M. Gilles Baum) :

05/05/2022 Présentation du projet de loi

10/05/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi

20/05/2022 Échange de vues avec le Gouvernement  
24/05/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État  
Scission du projet de loi 8000 en deux projets de loi distincts : 8000A et 8000B  
31/05/2022 Échange de vues avec des représentants de la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics et de la Chambre des Métiers  
02/06/2022 Échange de vues avec des représentants de la Chambre des Salariés et de la Chambre de Commerce  
03/06/2022 Présentation des amendements gouvernementaux  
13/06/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 15/06/2022

Loi du 29 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 317, page 1

## **Port du masque dans les transports publics**

### **8010 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19**

Le présent projet de loi se propose d'apporter des adaptations à la version actuelle de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19. Concrètement, il prévoit de supprimer l'obligation de port du masque dans les transports publics.

Si la pandémie n'est pas encore vaincue, la situation sanitaire en Europe et au Luxembourg s'est sensiblement stabilisée depuis le début du printemps. Le nombre de personnes infectées par le virus Sars-CoV-2 reste élevé, mais l'infection n'est plus que rarement synonyme de complications graves, voire fatales. Au vu de cette situation, la suppression de l'obligation de port du masque dans les transports en commun est à l'heure actuelle une mesure appliquée dans plusieurs pays européens. Toutefois, le port du masque (de préférence de type FFP2) reste recommandé, sur base volontaire, aux personnes vulnérables pendant les trajets en transports publics comme dans d'autres lieux qui les exposeraient à un risque de contagion. À noter également que le port du masque reste obligatoire dans les établissements hospitaliers ainsi que dans les structures pour personnes âgées.

L'entrée en vigueur du texte est prévue le jour de sa publication. Les mesures resteront applicables jusqu'au 30 juin 2022 inclus.

Dépôt par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 23/05/2022

Rapporteur : M. Mars Di Bartolomeo

Travaux de la Commission de la Santé et des Sports

(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :

31/05/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

07/06/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 09/06/2022

Loi du 14 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 283, page 1

## Sommaire

- 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 07**  
M. Fernand Etgen, Président
- 2. 8010 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ..... p. 07**  
Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo  
Discussion générale : M. Claude Wiseler | M. Gilles Baum | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Jeff Engelen (interventions de M. Sven Clement et M. Marc Goergen) (dépôt de la motion 1) | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8010 et dispense du second vote constitutionnel  
Motion 1 : M. Yves Cruchten | M. Sven Clement | Mme Nathalie Oberweis | M. Claude Wiseler | M. Fernand Kartheiser | M. Dan Kersch | M. Jeff Engelen (interventions de M. Dan Kersch) | M. Mars Di Bartolomeo (intervention de M. Fred Keup)  
Vote sur la motion 1 (rejetée)
- 3. Motion de M. Fernand Kartheiser relative à la mise en place d'un mécanisme qui assurerait que les prix de certains produits pétroliers soient inférieurs à ceux des pays voisins ..... p. 13**  
Exposé : M. Fernand Kartheiser  
Discussion générale : Mme Josée Lorsché | M. Gilles Roth | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) (intervention de M. le Vice-Premier Ministre François Bausch) | M. le Vice-Premier Ministre François Bausch  
Vote sur la motion (rejetée)
- 4. 7939 – Projet de loi modifiant la loi du 23 décembre 2014 relative à la réalisation du Pôle d'échange multimodal de la Gare d'Ettelbruck et à la modification de la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire ..... p. 16**  
Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Jessie Thill  
Discussion générale : M. Aly Kaes | M. Max Hahn | M. Carlo Weber | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7939 et dispense du second vote constitutionnel
- 5. 7970 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du développement de logements du projet « An der Schmëtt » ..... p. 19**  
Rapport de la Commission du Logement : Mme Semiray Ahmedova  
Discussion générale : M. Marc Lies | M. Gilles Baum | M. Yves Cruchten (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre du Logement  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7970 et dispense du second vote constitutionnel
  - 6. 7896 – Débat d'orientation sur le rapport d'activité de l'Ombudsman (2020) ..... p. 23**  
Rapport de la Commission des Pétitions : Mme Nathalie Oberweis
  - 7. Dépôt d'une proposition de loi par Mme Nathalie Oberweis ..... p. 25**  
Exposé : Mme Nathalie Oberweis (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. André Bauler)
  - 8. 7896 – Débat d'orientation sur le rapport d'activité de l'Ombudsman (2020) (suite) ..... p. 25**  
Rapport de la Commission des Pétitions (suite) : Mme Nathalie Oberweis  
Débat : M. Paul Galles | M. Frank Colabianchi (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | Mme Simone Asselborn-Bintz | M. Marc Hansen | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance) | M. Marc Goergen (dépôt de la résolution 1) (intervention de Mme Nathalie Oberweis)  
Prise de position du Gouvernement : M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement  
Résolution 1 : M. Marc Hansen | M. Paul Galles | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen | M. Marc Hansen  
Vote sur le renvoi de la résolution 1 en commission (adopté) (intervention de M. Sven Clement)
- Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert et M. François Bausch, Vice-Premiers Ministres ; M. Marc Hansen et M. Henri Kox, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation par Mme Paulette Lenert)

### 2. 8010 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Op eisem Ordre du jour vun de Mëtte steet de Projet de loi 8010, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Afëierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, den Här Gilles Baum, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi an dat ass den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, wann ech gelift.

### Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegeinnen a Kollegen, et ass dëst mëttlerweile déi 23. Ännerung um Covidgesetz. Wa mer déi Gesetzter iwwert den État de crise, de Large-Scale-Testing a sou weider derbäi rechnen, da si mer elo un der Grenz vun den 30 Gesetzter ukomm.

Wéi schonn dat lescht Gesetz bréngt de Projet de loi 8010 weider Erliichterungen, an dat, well déi aktuell sanitär Situatioun hei am Land ënner Kontroll schéngt. Dat soen net ech, dat schreift de Collège médical a sengem Avis zu dësem Gesetzesprojekt. Dee selwechte Message krute mer och vun eise Santé-autoritéiten an der Santékommissioun.

Dat geet och aus den aktuellen Zuelen ervir, déi eis virleien. Wuel ass d'Zuel vun den Neiinfektiounen ëmmer nach relativ héich, och wa se an der Woch vum 23. Mee op 1.174 Neiinfektiounen erofgaangen ass. Dat si 36 Fäll manner wéi an der Woch virdrun. Ganz rezent sinn d'Zuelen awer erëm an d'Luucht gaangen.

Méi wichteg wéi déi einfach Zuelen ass d'Situatioun an de Spideeler. Do sinn d'Zuele vun de Patienten am normale Beräich grad wéi op der Intensivstation nach wie vor ganz niddreg. Sou ass an der leschter Meewoch just eng Persoun wéinst Covid op der Intensivstation betreit ginn. Leider, leider sinn awer zwou

Persounen an där selwechter Woch gestuerwen. Wéi eis an der Kommissioun erkläert ginn ass, sinn d'Leit, déi aktuell an dëser traureger Statistik virkommen, Persounen, déi éischter „mat Covid“ wéi „u Covid“ stierwen.

Säit Ufank vun der Pandemie war d'Lag an de Spideeler deemno nach ni esou no un der Normalitéit wéi elo grad. Dat ass e ganz wichtegen Indicateur, well d'Zuelen an de Spideeler hunn eis an deene leschte Méint an eisem Kampf géint de Virus als Kompass gedéngt.

Dozou kënn en Impftaux, dee wuel an der Lescht kaum klëmmt, mee deen awer héich ass an domat en, wann och net optimalen, Schutz gëtt. Den Impftaux läit haut bei iwwer 80 % fir d'Leit, déi iwwer 18 Joer hunn. An e läit bei 78,8 % bei Leit, déi a Fro kommen, fir sech impfen ze loossen, dat heescht, déi méi al si wéi fënnef Joer.

Dës Situatioun erlaabt eis eng weider Ouverture, an zwar d'Maskepflicht am ëffentlechen Transport opzehiewen, sou wéi dat zum Beispill schonns bei eise franséischen Noperen de Fall ass. Dat ass och déi eenzeg nennenswäert Neierung, déi dëst Covidgesetz mat sech bréngt. Dës Measure ass och an der Santékommissioun vu kengem a Fro gestallt ginn.

Am Spidolswiesen an an den Altersheimer bleiwen dogéint bis op Weideres déi aktuell Dispositiounen en vigueur, y compris d'Maskepflicht. Och d'Dispositiounen



betreffend den Isolement bleiwen an hirer aktueller Form weiderhi bestoen, mee och do wäert gegebene-falls Beweegung an d'Spill kommen.

Dat kéint sech änneren, well eist Covidgesetz ass jo nëmme bis Enn Juni a Kraaft. Deemno muss et virum Enn vun dësem Mount nach eng Kéier op de Leescht geholl ginn. An do ass eis an der Kommissioun vun der Madamm Gesondheitsministesch an Aussicht gestallt ginn, dass et zu weideren Ouverturë ka kommen an deenen nächsten, soe mer, zéng Deeg, wou mer mat engem neie Projet, deen de Relais vun dem bestoende Gesetz soll huelen, kënne rechnen.

Zu den Aarbechten an eiser Kommissioun: De Staatsrot huet a sengem Avis drop higewisen, dass Leit, déi nach weiderhin eng Mask am öffentlichen Transport wëllen droen, sief et, well se vulnerabel sinn oder well se virsiichteg sinn, risikéiere géifen, géint dat sougenannt Vermummungsgesetz ze verstoussen. Duerfir huet de Staatsrot virgeschloen, de Port du masque – also d'Droe vun enger Mask – am öffentlichen Transport ausdrécklech am Gesetz ze erlaben. Deem sinn d'Kommissioun grad wéi d'Regierung och nokomm.

Zur Prozedur: Den Text ass den 23. Mee deposéiert ginn. Den 31. Mee ass en an der Kommissioun presentéiert ginn. Dee selwechten Dag ass den Avis vum Staatsrot komm. De 7. Juni ass dann de schréftleche Rapport eestëmmeg vun der Kommissioun ugeholl ginn.

Dir fannt an dësem Rapport, am schréftleche Rapport, och e Resümee vun den Avisa vum Collège médical, vun der Konsultativer Mënscherechtskommissioun, vun der Chambre des Métiers a vun der Nationaler Dateschutzkommissioun.

Dat heiten, dee Projet, dee mer haut diskutieren, ass wuel déi limitiertest Covidgesetzmodifikatioun, déi mer bis elo haten. Mee wéi gesot, et dierfte weider Schrëtt relativ séier nokommen. Weider Erliichterungen dierften an deem nächste Gesetz wuel de Prisong an de Centre de rétention betreffen. Op déi ass déi Konsultativ Mënscherechtskommissioun an hirem Avis zu dësem Gesetz agaangen. D'Regierung huet an der Santéskommissioun an deem Beräich Eröffnungen an Aussicht gestallt, an dat dëse Mount nach.

Mee och wa mam nächste Gesetz weider Öffnungen kommen, dierfte mer net de Feeler maachen, de Virus elo ze ënnerschätzen. Hien ass nach ëmmer ganz present a mutéiert weider. Mëttlerweil schwätze mer vun de Variante BA4 a BA5. Bis elo schéngen, an d'Betounung läit op „schéngen“, dës Variante sech nach net an Europa duerchzesetzen. Et schéngt, Mee dass alles mat Virsiicht ze genéissen. Wa mir an dëser Pandemie eppes geléiert hunn, dann dass de Virus ëmmer erëm fir eng Iwwerraschung gutt ass an dass et hei keen Autopilot gëtt.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, grad an dëser Joreszäit stinn eng Rei vu grouse Manifestatiounen um Programm, wou ganz vill Leit zesumme kommen, dorënner de Virowend vun Nationalfeierdag. Vu dass d'Editiounen vun deene leschte Jore bei deene grouse Manifestatiounen jo sou waren, wéi se waren, kann ech – a mir all – ganz gutt novollzéien, wa sech besonnesch op d'Festlechte vum dësem Joer gefreiet gëtt.

Mee bei aller Virfreed dierfte mer net vergiessen, dass mer nach ëmmer an enger Pandemie sinn, vläicht deemnächst net méi, mee dass mer vläicht – an dat hoffe mer net – awer och an enger anerer Phas erëm eng Kéier kéinte landen. An net ze vergiessen, dass de Virus grad bei Geleeeënheet vun esou groussen Evenementen gären zouschleift. Dat gëllt och fir Vakanzen, déi virun der Dier stinn a wou een, bei aller Freed iwwer Entspannung an déi verdéngten Erhuelung, déi elementar Reegele net soll vergiessen.

Mir müssen eis och fir den Hierscht bereethalen. Do waarde mer ënner anerem op den Avis vun den Experten. Da muss gläichzäitig och déi Fro vun der sektorieller Impfflicht tranchéiert ginn. Mir sinn also nach net definitiv op der gewonnener Säit an et gëtt kee Grund, d'Deckung erofzeloossen.

Dat gesot, Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, gouf dëse Rapport eestëmmeg ugeholl. An ech soen alle Merci, an och Iech fir Är Opmierksamkeit.

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech soen dem Här Rapportier Mars Di Bartolomeo villmools Merci.

An ech ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Claude Wiseler.

### Discussion générale

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Villmools merci, Här President. Glécklecherweis huet d'Covidkris un Aktualitéit verluer. Net nëmme, well aner Krisen d'Aktualitéit beherrschen, mee haaptsächlech och, well dat aktuell Krankheitsbild d'Geféierlechkeet erofgesat huet a well d'Hospitalisationszuelen extreem déif leien, zumindest am Moment. Dat ass zu Lëtzebuerg de Fall. Dat ass och an deene meeschten europäesche Länner de Fall.

Dat erlaabt och, dës Erliichterungen, déi mer haut virgeluecht kréien, ze maachen, an zwar d'Suppression vun der Obligatioun vum Mask am öffentlichen Transport. Dogéint ass näischt ze soen, och net vun eiser Säit, et ass Zäit, dass dat gemaach gëtt. Mir kënnen also dësen Text matstëmmen.

Iwwert den Text eraus hunn ech awer e puer Remarken, déi mer wollten zur Situatioun maachen. D'Covidkris ass, sou wéi de Rapportier Mars Di Bartolomeo, deem ech Merci soe fir seng Aarbecht a säi Rapport, et sot, d'Covidkris ass zwar elo e weineg „on hold“, mee awer och just „on hold“ an net eriwuer.

D'Observatioun bei de Leit, déi ee konnt maachen, nodeem mer alleguer déi lescht Moossnamen opgehuewen hunn, ass déi, dass déi éischt Deeg nach eng relativ grouss Virsiichtegkeet do war. D'Leit woussten nach net, ob se sech sollen d'Hand ginn oder net sollen d'Hand ginn, mee an Zwëschenzäit ass dat awer och scho vergiess. An Zwëschenzäit ass erëm e groussen Deel vun deenen normalen Aart a Weisen, wéi mer gewinnt waren, mateneen eens ze ginn, zréckgekiert.

Dat ass kee Reproche. Dat ass just eng Feststellung. Dat ass esou. Mee op där anerer Säit mécht dat eis natierlech och vulnerabel fir eng eventuell nei Variant, déi awer kann oder kéint optauchen.

Haut si mer bei 330 Fäll den Dag, mee gëschter waren et der awer nach e gutt Stéck méi, soudatt een elo muss kucken, wéi déi Zuele weiderginn. An anere Länner, wéi Portugal, déi nach méi gefäerdet sinn, leie mer komparativ bei 2.300 Fäll den Dag, wann een et op 100.000 Awunner kuckt; éischters.

Zweetens: Eisen Taux de vaccination, eisen Impftaux, ass och net enorm héich. 80 % ass gesot ginn, mee dass ass awer fir déi Leit, déi 18 Jore a méi hunn. Wann ech déi international Studie kucken, dann ass e bei 75,8 % fir Leit, déi eng Dose mindestens hunn, 72,8 %, déi den initiale Vaccinatiounsprotokoll hunn, an 62,4 %, déi eng Boosterimpfung hunn. An anere Länner, a Frankräich, leie mer bei 78 %, an Däitschland bei 77 %, a Portugal bei 87 % – mee et gesäit een, dass dat och net ëmmer eppes hëlleft –, an der Belsch bei 78 % an an den USA e gutt Stéck méi déif wéi bei eis, bei 66 %.

Ganz oft ginn dann och déi Leit derbäigerechent, déi eng Immunitéit hunn, well se infizéiert waren. Mee insoufern se net zousätzlech geimpft ginn, gëtt eis vun den Dokterinnen oder vun de Wëssenschaftler

gesot, dass déi Immunitéit, déi s de häss, wann s de just krank waars, ouni dann eng zousätzlech zweet Impfung ze kréien, nu wierklech net esou héich wär, dass se géif duergoen, an dass et en fin de compte eng schwach Immunitéit wär.

Den Omikron huet och gewisen, dass trotz Impfung d'Infektioun awer ka weidergoen. Leedeglech ass duerch d'Impfung de schwéiere Krankheitsverlaf dann drastesch erofgesat, wat jo och am Fong d'Zilsetzung ass. Mee déi ganz Situatioun, also e relativ déiwen, komparativ déiwen Impftaux, setzt och eis Vulnerabilitéit fir eng nei Variant erop.

Dreëtens: Dësen Text huet nach zwou Restriktiounen, déi éischt an de Spideeler an an den Altersstrukturen an déi zweet an de Prisongen. Fir déi zweet ware vill Diskussiounen, déi och an den Avisen erakomm sinn, iwwert d'Justifikatioun, fir am Prisong nach d'Maskenobligatioun bäizebehalen, wa se iwwerall anescht en public ewechfällt. Mir verstinn hei de Rasonement vum Ministère, mee op där anerer Säit hätte mer eis natierlech och gewünscht, dass déi Problemer hätte kënne gemeinsam parallell geléist ginn.

Dat selwecht gëllt fir d'Spideeler, wou och nach eng ganz Rei Schwierigkeeten an der Praxisapplikatioun sinn, well nach Restriktiounen, éischters, am Gesetz stinn an, zweetens, och nach eng ganz Rei Restriktiounen vum Spideeler selwer applizéiert ginn, ouni dass eng gesetzlech Basis do ass, déi nun awer wierklech och verhënneren, dass Kranker, déi méi laang do sinn, kënnen dee Besuch kréien, dee se am Fong misste kréien, fir hir Moral an der Luucht ze halen.

Mir wäer frou, wann ... D'Ministesch huet eis gesot, dass den Avis vun den Experte relativ kuerzfristeg géif kommen, dass mer dann en zousätzleche Gesetzestext misste maachen. Fir eis ass et wichteg, dass mer déi Diskussioun, déi Decisiounen esou schnell wéi méiglech kréien. Mir hunn eis gefrot, firwat mer op deem Avis vun den Experte misste waarden, fir déi hei Punkten ze maachen. Mir hu jo och en fin de compte net op den Avis vun den Experte gewaart, fir déi Decisioun, fir am öffentlichen Transport d'Maske falenze-loossen, ze huelen.

Mee op där anerer Säit regrettéiere mir och, dass mer keng Evaluatioun vun all deene Moossnamen kruten, also momentan och net genau wëssen, wat déi eng a wat déi aner bruecht huet an net bruecht huet.

Op jidde Fall, dass Ganzt, elo nach an deenen nächste 14 Deeg e Gesetzestext ze stëmmen, dass mécht eis Aarbecht net méi einfach, mee méi komplizéiert. An ech hoffen, dass mer d'Zäit wäerten hunn, fir eng uerdentlech legislativ Prozedur ze maachen.

Zum Schluss wëll ech dann nach soen, dass mer am Fong dat Wichtigst nach net ugeschwat hunn, an zwar all déi Virbereedungsmoossnamen, déi mer huelen, fir am September eng nächst Well ze evitéieren. Well déi eng Experte soen eis, dass eng Well méiglech ass, an déi aner soen eis, dass eng Well souguer wahrscheinlech ass, eventuell mécht enger neier Variant, wou vläicht méi Aggressivitéit kéint do sinn.

Mir sinn der Meinung, dass mer natierlech müssen den Avis vun den Experten iwwert d'Impfflicht ofwaardeden, mee mir soen och elo, dass mer an dësem Moment nach ëmmer der Meinung sinn, dass eng Impfflicht an eisen Ae sennvoll wär. Mir gesinn awer och déi verfassungsrechtlech Schwierigkeeten, fir d'Justifikatioun an engem Moment elo ze bréngen, wou esou e staarken Aschnëtt an d'Privatlewen ëmmer nëmme méiglech ass, wann d'Gefor immediat ass, an dass, wann d'Gefor, wéi elo, net méi immediat an nëmme hypotheetesch ass, et méi schwéier ass, et juristisch ze justifiéieren.

Nach soe mer, an dat ass eng ganz kloer an daitlech Demande, déi mer maachen, datt mer nom Avis vun den Experten de Gesetzestext solle fäerdeg maachen, mee, an ech soen dat fir d'Majoritéit hei, net nëmme fäerdeg maachen am Ministère, mee och fäerdeg maachen a senger ganzer Prozedur!

Dat heescht, wann den Text bis sprochräif ass am Ministère, fir e weiderzeginn, wär et eiser Meenung no sennvoll, e géif direkt an d'Prozedur kommen. Mir kéinten en an der Chamber begutachten. E kéint och d'Avis vum Conseil d'Etat kréien – well et gëtt jo en Text, dee juristescht komplizéiert ass –, e kéint also d'Avis vum Conseil d'Etat kréien, d'Avis vum all deenen, déi musse gefrot ginn, a mir kéinten en dann esou sprochräif maachen, esou fäerdeg maachen, datt, wa mer gesinn, datt mer en eng Kéier urgent brauchen, mer net nach e Mount mussen drunhänken u Prozeduren an un Diskussiounen no riets an no lénks, no uenen no ënnen, déi eis dann Zäit ewechhuelen. Well wa mer gesinn, datt en eng Kéier gebraucht gëtt, jo, da muss en och ganz schnell kommen!

Dofir ass eis Recommandatioun: Kommt, mir loosse e schonn deelweis duerch d'Prozedur lafen, datt mer en nëmme brauchen ze stëmmen, wa mer en hunn. Ob mer en da stëmmen oder net stëmmen, déi Decisioun huele mer op Basis vun den Avis vum den Experten a vun der Evolusioun vun der Situatioun. Dat wär op jidde Fall eis Suggestioun, fir méi schnell kënnen ze schaffen.

A mäi leschte Punkt ass dee vun der véierter Impfung. Och do wär et iergendwou gutt ze wëssen: Geet et mat engem Dräierschema duer oder muss iergendwou eng véiert Impfung kommen? Ech weess, datt se europäesch net recommandéiert ass. De Fait, datt awer eng Rei vulnerabel Leit se kréien, wërft awer eng ganz Rei Froen op. Meng d'Fro ass, ob een net ka „fräiwëlleg“ fir déi Leit, déi sech da méi sécher spieren, eng véiert Impfung opmaachen, ouni domat grouss Propaganda ze maachen, ouni onbedéngt ..., sécherlech keng Obligatioun aféieren, mee op Fräiwëllegkeet berouend.

D'Konklusioun: Mir stëmmen dësen Text mat. Mir regrettéieren, datt nach vill Froen opstinn. Mir froen direkt eng Diskussioun iwwert dëse Sujet, wann den Avis vun den Experten dann do ass. A mir froen elo, datt den Text vun der Impfflicht deposéiert gëtt a prett gemaach gëtt, fir sou schnell wéi méiglech kënne gestëmmt ze ginn, wa mer en da brauchen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Wiseler. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci, Här President. Ech wëll ufänke mat engem Merci un de Rapporteur, „rapporteur à vie“ kann ee bal soen oder „rapporteur éternel“. Et ass déi 29. Kéier. Mir hunn e relativ einfachen Text haut de Mëtte virun eis leien, deen d'Maskefflicht am öffentlichen Transport ophieft. Ech mengen, dass dat gutt ass fir d'Leit, wann ee mam Bus fiert. Am Tram, hunn ech mer soe gelooss, droe scho ganz vill Leit en elo net méi, besonnesch wann et elo dobause waarm gëtt. Et schweesst een, dann ass dee Mask do wierklech eng zousätzlech Schikan.

Et ass eis och elo virdru gesot ginn, dass mer virun Enn des Mounts nach wäerte weider iwwer d'Covidtexter, d'Covidgesetzter schwätzen, dofir kann ech et de Mëtte ganz kuerz maachen. Ech huele mer dann d'nächste Kéier e bësse méi Zäit. An ech ginn den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Text.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President, a merci och dem Mars Di Bartolomeo fir säi Rapport, dee wéi allkéiers ganz komplett a ganz gutt war. Ech kann et och kuerz maachen. An ech ka selbstverständlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun ginn.

Ech si frou, dass de Rapporteur och e bëssen drop agaangen ass, dass mer awer net sollte vergiessen, dass dee Virus nach ëmmer do ass. Ech mengen, mir liewen am Moment an enger gewëssener Insouciance, an iergendwéi, fannen ech, hu mer eis déi och verdéngt: dass mer ënnert de Leit sinn, dass mer net mussen dauernd un dee Virus denken an dass mer eis erëm kënne freeën op verschidde gesellschaftlech Evenementer, erëm mat Mënschen zesummenkommen. Dat, mengen ech, hu mer eis alleguerten zesumme verdéngt.

Nach géif ech soen: Wa mer elo mat dësem Gesetz d'Maskefflicht am öffentlichen Transport ofschafen, géif ech awer de Leit recommandéieren, d'Masken nach net alleguerten ewechzegeheien. Mir wëssen, wat an deene leschte Joren ëmmer geschitt ass. Dee Virus huet eis méi wéi eng Kéier kal erwëscht an erëm en neie Streech gespillt an et ass net auszuschléissen, dass dat nach eng Kéier de Fall ka sinn.

Dofir kommt, mir bleiwen trotz all där Freed, déi mer hunn, fir erëm en normaalt gesellschaftlecht Liewen ze féieren, virsiichteg a mir halen d'Evolutioun am A fir sécherzestellen, dass mer net am Hierscht nach eng Kéier komplett iwwerrascht ginn. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här President. Och mir soen dem Rapporteur wéi ëmmer Merci fir säi méi kuerzen, mee gradesou gudden Rapport. Et war dës Kéier manner ze soen, well et just ëm eng eenzeg Dispositioun geet, notament d'Maskefflicht ofschafen am öffentlichen Transport, wou et sech eigentlech eriwweregt, nach laang driwwer ze schwätzen.

Et ass evident, dass mer praktesch an der Normalitéit ukomm sinn. Op anere Plazen, an der Rockhal, danzen 3.000, 4.000 Leit op enkstem Raum zesummen, hu keng Masken un, ginn duerno an de Bus, setzen zu dräi am Bus mat Mask – dat ass schonn net méi ganz logesch. An ech mengen, dat hei ass elo e richtige Schrëtt a Richtung komplett Normalitéit.

Et muss een awer och soen: Jo, am Spidolssektor, am Flegesektor si vulnerabel Leit, a mir ënnerstëtzen total, dass do weiderhin dee Schutz oprechterhale bleift. Do muss ee wierklech oppassen, ëmsou méi, well d'Infektiounen erëm eropginn.

Mir sinn och frou, dass d'Madamm Minister eng Ouverture gemaach huet, wat de Prisons an de Centre de rétention ubelaangt, a schléissen eis eigentlech och do der berodender Mënschrechtskommissioun un, déi awer mengt, dass dat do eng gewëssen Diskriminatioun ass par rapport zu deene Mënschen. Dofir hoffe mer dann, dass mer beim nächste Gesetz och do kënne weider Öffnung maachen.

D'Variant BA verbreet sech schonn an anere Länner massiv, ass och wierklech ganz ustiechend, an ech mengen, nach méi wéi all déi, déi mer bis elo kennen. Dofir ruffe mir och zur Virsiicht op an net einfach nëmmen zum Danz. Mir musse wëssen, dass mer op de Wanter iergendwann erëm zousteieren. An dann ass

vläicht de Match géint de Virus nach net gewonnen, mee mir hunn awer schonn e puer Setten an der Täsch.

Dofir merci nach eng Kéier. An den Accord vun der grénger Fraktioun kënnt natierlech och nach hannendrun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, déi lescht Méint ware bal nees normal, weinstens wat de Covid ugeet. An awer ware si iergendwéi aussergewéinlech, jo, bal beonrougend. Et huet eis nämlech eppes Wichtiges gefeelt, an zwar dem honorabelen Här Mars Di Bartolomeo seng reegelméisseg Covidrieden. Haut si mer an där Hisiicht erëm an der Normalitéit ukomm a mir soen him fir säi gudden Rapport en häerzleche Merci.

Mir kënnen hien och direkt berouegen: D'ADR kann déi Kéier dësen Text matdroen. An de leschten zwee Joer war dat jo bal ni de Fall. Dir erënnert Iech: D'ADR huet sech reegelméisseg zouverlässeg a konsequent géint all Aschnëtter an d'Grondrecht an d'Fräiheete vun de Bierger ausgeschwat.

Mir sinn a bleiwe ganz houfreg op déi moderéiert a vernünftge Positioun, déi mer an dëser Kris vertrauen hunn. Mir wollten och a wëllen d'Leit géint d'Krankheet schützen, hir Fräiheeten dobäi ëmmer respektéieren a verdeedegen an och derfir suergen, datt d'Impfen ëmmer fräiwëlleg bleift. D'ADR huet dës moderat an ausgeglache Linn aleng a géint vill Widerstänn vertrauen an duerfir och vill Unerkennung dobause kritt.

An dësem Gesetzesprojet geet et haaptsächlech ëm d'Maskefflicht am öffentlichen Transport. D'ADR begreist dës Neierung. Si kënnt zwar spët, besonnesch och am Verglach mat anere Länner, mee ëmmerhin! Vill Frontaliere wëssen dat bestëmmt ze appreciéieren. Bei sech doheem hu si scho laang keng Mask méi gebraucht, mee soubal si iwwert d'Grenz komm sinn, hu si mussen eng undoen.

Elo gëtt et nach verschidde Kategorië vu Leit, déi duerch hire Beruff dacks stonnellaang hannerenee mussen Masken undoen. D'Sënnhaftegkeet vun esou Reegelen muss ëmmer nees iwwerpréift ginn an esou wäit wéi méiglech soll d'Undoe vun enger Mask op Fräiwëllegkeet berouen. Et hänkt awer vun der Situatioun of.

Ganz allgemeng verlaangt d'ADR eng permanent Evaluatioun, ob déi Covidmesuren, déi nach bleiwen, wéi d'Masken- oder d'Testpflicht op enger Rei vu Plazen, nach wierklech sennvoll an néideg sinn. Wann net, gehéiere si ofgeschafft.

Här President, wéi eng Léieren zitt d'Regierung aus der Covidpandemie, fir datt mer eist Land déi nächste Kéier besser opgestallt kréien? Am Kader vun der Weltgesundheitsorganisatioun WHO gëtt grad iwwer e Pandemievertrag verhandelt. Fir d'ADR ass et am Géigesaz zu der Regierung ganz kloer, datt Lëtzebuerg keng Souveränitätsrechter soll ofrieden. A mat dëser Meenung sti mir net eleng do: Dosende Länner aus dem afrikaneschen a südamerikaneschen Raum hu bei de Verhandlungen daitlech gemaach, datt si hiert Souveränitätsrecht oprechterhalen an net un d'WHO oftriede wëllen.

D'ADR vertritt och weiderhin de Prinzipp vun der Fräiwëllegkeet vun den Impfungen. Mir si gespaant op de Grupp vun den Experten an op de Projet de loi, deen eis d'Regierung da wëllt virléien. Wat dee Grupp ugeet, proposéiert d'ADR, datt den Expertegrupp soll ausgebaut a vergréissert ginn, fir méi verschidden Iwwerleeungen, ënnerschiddlech Fachgebieder an



Erfahrung matafläissen ze loosene. Hei missten zum Beispill och Allgemengmedezinner, Juristen an Ekonomiste representiert sinn, well déi Recommendatiounen, déi gemaach ginn, en Impakt hunn op eis ganz Gesellschaft, wat iwwert déi reng virologesch Aspekter erausgeet.

D'ADR wiert sech och géint all Form vun Zensur. Mir haten zum Beispill en Interview mat engem Dokter iwwert d'Problematik vun den Impfniewewirkungen opgeholl an op Facebook veröffentlecht. Dësen Interview ass einfach geläschet ginn. An net just eis geet et esou, kritesch Meinungen zu de Covidimpfstoffen gi reegelméisseg zenséiert. Hei kann ee sech scho froen, ob mer nach an enger Demokratie liewen, an där d'Meenungsfräiheet an d'Fräiheet vun de Wëssenschaften ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Wann Der net géift do soen, wat Der ...

**M. Jeff Engelen** (ADR) | ... respektéiert ginn oder ob mer awer schonn an enger Meenungsdiktatur ukomm sinn. An an deem Sënn ...

**Plusieurs voix** | O!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | ... wëll ech Iech da Merci soe fir d'Nolauschteren an ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dat sinn d'Reegele vu Facebook, net vun der Regierung!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | ... ech géif da mer erlaben, nach eng Motioun ze iwwerreechen. Merci.

## Motion 1

*D'Chamber vun den Deputierten*

*stellt fest, datt*

– d'Regierung am Kader vum Covid-19 e *Conseil scientifique* domat beoptraagt huet, fir Recommendatiounen am Hëllef op d'Corona-Situatioun auszeschaffen;

– de *Conseil scientifique* aktuell aus Medezinner, methodologeschen Experten an engem Representant vum *Contrôle médical de la sécurité sociale* besteet,

*ass sech bewusst, datt*

– d'Covid-Mesuren an der Vergaangenheet ganz komplex Konsequenzen an Auswirkungen op déi ganz Gesellschaft haten, net nëmme am Hëllef op de *Fonctionnement* vum medezinnesche Secteur;

– d'Covid-Mesuren z. B. och den Aarbechtsmarché, grouss Deeler vun der Economie, de sozialen Zesummenhalt, Froe vun der Rechtsstaatlechkeet, déi mental Gesondheet an déi sozial a finanziell Ofsecherung vun de Bierger betraff hunn;

– een dës Erkenntnis Rechnung droe muss, andeems een de *Conseil scientifique* méi breet opstellt, fir esou e méi komplett Bild iwwert déi uewen opgezielten Auswirkungen vun de Covid-Mesuren op eis Gesellschaft ze kréien, fuerdert d'Regierung op,

1. de *Conseil scientifique* méi breet opstellen, zum Beispill mat interesséierte Spezialiste mat dësen akademische Formatiounen oder mat dësem beruflechen Hannergrond:

– Hausdokteren, Psychiateren a Psychologen,

– Ekonomisten a Statistiker,

– Juristen, Ethiker a Philosophen, Vertrieeder vun der Mënschrechtskommissioun,

– Spezialisten an der Sozialpolitik a Sozialpartner,

– Vertrieeder vun de Spideeler, de Gesondheetsberuffer an de Patientevertriederungen,

– Kommunikatiounsspezialisten, Aktiviste fir d'Fräiheet vun de Medien,

– *Leit mat nach anerem techneschen a wëssenschaftleche Qualifikatiounen, déi d'Regierung an der Covid-Thematik wëlle beroden;*

2. dem *Conseil scientifique* e kloren Aarbechtskader ze ginn, deen esouwuel kontrovers öffentlech Debatten erméiglecht wéi och d'Redaktioun an d'Publikatioun vun „avis minoritaires“ zouléisst;

3. dem *Conseil scientifique* kloer deontologesch Reegelen ze ginn, inklusiv „conditions d'honorabilité et d'indépendance“. Dozou gehéieren ënnert anerem:

– eng ekonomesch Onofhängegkeet vun Interessengruppen wéi z. B. der Pharmaindustrie,

– eng allgemeng unerkannte Qualifikatioun vu senger wëssenschaftleche Memberen, inklusiv engem „*cursus scientifique*“, dee reell an aktuell ass, mat Publikatiounen, Etuden, Recherchen asw.,

– eng gläwderdeg parteipolitesch Neutralitéit.

(s.) Jeff Engelen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen.

(Brouhaha)

**Une voix** | Wien huet dat da geläschet?

**M. Fernand Etgen**, Président | An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säin x-te Rapport vun engem Covidgesetz. Jo, mir begreifen natierlech och dës Ännerungen. Si sinn an hirer Zäit. Ech mengen, et mécht Sënn. D'Stabilitéit an de Spideeler an och d'Zuele beleeën dat. Dofir, do ass kee Problem a mir droen dëst Gesetz natierlech och mat. Dat ass guer keen Theema.

Par contre géife mer mengen, dass, e bësselchen och, wéi den Avis vun der Mënschrechtskommissioun et gesot huet, dëst Gesetz méi schwätzt iwwert dat, wat net drasteet, wéi dat, wat drasteet, an zwar – Dir wunnert Iech elo net driwwer – de Fait, dass d'Mesuren nach ëmmer bestoe bleiwen an de Prisongen an am Centre de rétention. Ech hunn zwar elo héieren, dass do och Ouverturen an Aussicht gestallt ginn, mee ech verstinn trotzdem net, firwat dat net elo scho ka geschéien.

Ech mengen, mir hunn dat jo schonn e puermol gesot, och scho beim leschte Gesetz. Ech fannen, et mécht einfach iwwerhaapt kee Sënn, virun allem elo, wou mer d'Mesuren ophiewen am Transport public, wou jo grad d'Argument dat war vun enger gewëssener Densitéit oder op jidde Fall dovun, dass eng Mass openeentreeft. Ech fannen, et mécht nach manner Sënn elo, déi Mesuren am Centre de rétention an am Prisong oprechtzeerhalen.

A ganz kloer, wéi d'Madamm Lorsché et och gesot huet, gesi mir dat als eng diskriminatoresch Mesure. An et muss een dat och héieren, dass déi Leit, d'Retenuen an d'Detenuen, dat als duebel Bestrafung wouerhuelen. Dat ass esou an ech mengen, dat muss ee sech dann och kënnen unhéieren.

An ech mengen, ech erënnere mech ëmmer erëm – dat hat ech d'leschte Kéier och scho gesot – un déi Debatt, déi mer haten iwwer alternativ Bestrafungsformen, wou mer awer ëmmer ërem an mäi Kapp kënnt, dass ech mer soen: Mir sinn awer iergendwéi an enger Bestrafungsgesellschaft. A fir déi Leit, déi an engem Prisong setzen oder am Centre de rétention, do gëllt dann deen däitsche Slogan: „Aus den Augen, aus dem Sinn.“ An ech mengen, et ass e bëssen dat, wat mer och hei erliewen.

Da wéilt ech och nach soen, dass ech immens erlichtert sinn, dass – ënner anerem op eisen Drock hin – awer vun der Fédération des hôpitaux déi Restriktiounen, déi d'Horaires-de-visiten ugin, opgehewe goufen. Ech war wierklech immens, immens frou driwwer an ech mengen, mir all wësse vu Leit, déi sech immens doriwwer gefreet hunn. An ech wéilt d'Regierung wierklech opruffen opzepassen, dass et net nach eng Kéier zu esou enger Situatioun kënnt, wou esou restriktiv Horaires-de-visite gëllen, déi, wéi mer wëssen, fir schwéier krank Leit oder och Leit, déi vläicht um Stierwe leien, wierklech extreem schlëmm sinn, an och natierlech fir hir Familljememberen, déi deen Ament net kënnen bei si goen.

En anere Punkt, deen ech wéilt ervirhiewen, ass dee vun enger Evaluatioun vun der Covidpolitik. Et goug e puermol rieds während der ... Bon, mir sinn nach ëmmer an enger Pandemie, mee zu deenen akute Momenter vun der Pandemie goug e puermol rieds vun enger onofhängeger Evaluatioun, déi iergendwann eng Kéier misst stattfannen. Ech wéilt do eng Kéier nofroen, ob dat nach ëmmer ugeduecht ass a fir wéini dat ugeduecht ass. Dir hutt vläicht matkritt, dass verschidde Länner ... Oder zumindest, mengen ech, a Schweden hu se dat elo entre-temps scho gemaach, esou eng gewëssen onofhängeg Evaluatioun. Ech weess net, wéi onofhängeg se ass, mee ech mengen, do sinn awer gewësse Léieren dobäi erauskomm. Dat fir d'Fro och, wou dee Gedanken drun ass.

An dann, jo, géif ech gäre beim Här Mars Di Bartolomeo uknäppen, dee sot: „De Virus ass nach ëmmer aktiv.“ Jo, mir dierfen en net vergiessen. Dat stëmmt. An ech mengen, an deem Kontext – et goug och elo hei schonn ugeschwat – waarde mer jo nach ëmmer op deen Avis vun den Experten zu där Impfflicht, wat, mengen ech, net oninteressant ass. Déi Fro, dat schleift. Dat war jo och an der Press. Dir hutt et all gesinn. Et schleift schonn e puer Wochen. Mir waarde säit Wochen drop.

An do war jo elo dann awer och deen Interview mat engem vun den Experten – ech mengen, bei Reporter.lu, Dir hutt et vläicht gesinn –, wou ee vun den Experten awer och déi sektoriell Impfflicht, jo, a Fro gestallt huet. Ech zitieren en, en huet geschwat dovun, dass déi sektoriell Impfflicht „op onséchere Féiss“ steet. Ech mengen, dat muss een awer och eng Kéier soen, eng Kéier ënnersträichen.

Ech muss soen, wéi ech dat gelies hunn, hunn ech mer geduecht: „U, dat ass awer trotzdem elo eng Erkenntnis iergendzousch.“ Et huet sech jo elo näischt geännert. Also ech froe mech: Wat sinn déi nei Elementer, déi derzou gefouert hunn, dass deen Expert op eemol elo seet, dass déi sektoriell Impfflicht elo op onséchere Féiss steet? Well et ass jo eigentlech elo näischt Neits esou derbäikomm an déi Elementer, déi hien derzou gefouert hunn, fir dat ze soen, déi sinn nach ëmmer déi selwecht. Ech mengen, mir soen dat och scho ganz laang, dass et do keng Garantie gëtt.

Dat heescht, jo, d'Diskussioun ronderëm d'Impfflicht ass nach ëmmer oppen. Mir sinn nach ëmmer ganz gespaant, wéi dat elo wäert weidergoen. An ech kann och just soen, dass ech hoffen, dass déi Diskussioun net iwwert de Knéi gebrach gëtt elo virum Summer. Dat misst jo dann iergendwann elo kommen. Mir liewe jo grad e bëssen an enger Bulle. Dat goug elo hei scho gesot. An iergendwann kënnt déi Diskussioun dann awer erëm ganz schnell, mengen ech, zrëck an de Raum, an den Espace public och. An ech hoffe just, dass se net iwwert de Knéi gebrach gëtt da virum Summer.

Ech mengen och – an dat ass och nach eng Kéier en Appell un d'Regierung –, dass et net duergeet, sech

op den Avis vun den Experten ze beruffen. Well dat ass jo dat, wat mer och héieren hunn, ech mengen, notament vum Premierminister, dass den Avis vun den Experte wäert dann esou suivéiert ginn. An ech géif dat awer och iergendwéi problematesch fannen, wann dat einfach esou à la lettre suivéiert géif ginn. Bon, Dir wäert mer elo soen, dass dat net esou de Fall ass. Mee do géif ee jo d'Verantwortung e wéineg ofginn, dat kléngt op jidde Fall esou eraus. Op jidde Fall hoffen ech, dass d'Regierung sech do nach ganz vill Gedanken derzou mécht an déi verschidden Elementer ofweit. A mir sinn da ganz gespaant op den Debat.

An zréck bei d'Gesetz: Wéi gesot, mir stëmmen et mat. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Mammad Oberweis. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi oft si mer an deene leschten zwee Joer hei zesummekomm, fir villfälteg a wäitreechend sanitär Mesuren ze diskutieren, déi kengem vun eis, weeder der Majoritéit nach der Opposition, géif ech soen, Freed gemaach hunn an awer oft dréngend néideg waren, fir eis Gesellschaft ze schützen? Am Verglach mat deene villen haarde Stonnen, déi mer schonns mat de Covidtexter verbruecht hunn, ass dese kuerze Projet vun haut dann och wierklech nees eng wëllkommen Ofwiesslung.

Dofir erlaabt mer och, als Éischt dem Rapporteur vum Gesetzesprojet hei Merci ze soe fir säin dann ausnamswies e bësse méi kuerzen an digestë mëndlechen a schréftleche Rapport.

D'sanitär Situatioun erlaabt et eis nees, weider Lackierungen ze huelen, an dat ass jo méi wéi erferelech. D'Leit kruten déi lescht Méint jo och schonn eng ganz Rei Fräiheeten zréck, an dat virun allem am Fräizäitberäich. Datt elo, wou grouss Rassemblementer ouni Mask scho méi laang méiglech sinn, ouni datt sech d'Situatioun an de Spideeler verschlechtert hätt, och d'Maskefflicht am öffentliche Transport ewechfale soll, kënnen mer dofir nëmme begreifen.

Et ware jo awer deelweis kokass Situatiounen, wann ee gesot huet, et dierft een zu e puer Dausend Leit zesumme Party maache goen, an et huet een, wann een zu zwee an engem grousser Bus souz, mussen d'Mask unhalen. Also de Passagéier, well de Buschauffer, deen huet jo keng Mask gebraucht, well d'Flatterbännercher do geschützt hunn. Also, et war e bësse kokass. An ech mengen, datt et sennvoll ass, dat hei elo esou och am Gesetz erëmzespigelen.

Wie méi oft den öffentliche Transport geholl huet déi lescht Wochen, déi lescht Deeg, huet gesinn, datt mengen ech, och bei der Compliance vun där legaler Dispositioun definitiv vill Loft no uewe war, well déi meescht Leit haten d'Maske scho méi laang falegelooss.

Datt et also elo keng Pflicht méi gëtt, eng Mask mussen ze droen, heescht natierlech awer net, datt een net trotzdem eng Mask droen dierft. Jiddereen, dee sech besser mat enger Mask fillt, dee soll och weiderhi seng FFP2-Mask droen, fir sech ze schützen, zemoos wann en zu enger Risikogrupp gehéiert.

Gläichzäiteg hoffen ech, datt all déi net vulnerabel Persounen aus der Pandemie déi gutt Gewunnecht mathuelen, hir Matmënsche wëllen ze schützen, an dofir un Deeg, wou se sech vläicht net ganz fit fillen, entweder einfach doheembleiwen oder – sou wéi et an asiatesche Länner scho säit Joerzengten üblech ass – fräiwëlleg eng Mask undinn, fir aner Leit net unzestiechen. An ech schwätzen do guer net nëmme

vum Covid, ech schwätzen do generell vun allen ustiechende Krankheeten, well d'Gestes barrières an d'Gewunnechten aus deene leschten zwee Joer schützen schliisslech net nëmme viru Covid, mee och zum Beispill virum Schnapp oder der Gripp, Krankheeten, déi ee senge Matmënsche jo awer och net onbedéngt wëllt undoen.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, zum Schluss wëilt ech dann awer nach op d'Propos vun der Chambre des Métiers ze schwätze kommen, déi an hirem Avis seet, datt elo, wou vill Mesurë schonn a Kraaft waren an nees konnten opgehuewe ginn, eng approuféiert Etüd iwwer hir Wierksamkeet sollt gemaach ginn. Ech hoffen, datt esou eng Evaluatioun vun de Mesurë generell déi ganz Zäit op Regierungsniveau gemaach gouf. Mee ech denken, datt et awer vläicht elo nach eng Kéier, esou wéi d'Handwerkskummer dat proposéiert, kéint sennvoll sinn, des Daten aus desen internen Evaluatiounen nach eemol an enger öffentliche Etüd, eventuell an Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg, auswäerten ze loossen.

Datt wär en transparenten Émgang mat der Covidpolitik vun de leschten zwee Joer a sécher och eng gutt Virbereedung op den Hierscht, wou jo nach kee weess, ob mat der kaler Joreszäit net och nees d'Covidzuele steige wäerten. D'Erfahrungen aus deenen anere Länner an der EU deite jo op zwou verschide Richtungen hin. Ob dat da mam Testen ze dinn huet oder net, loossen ech jiddwerengem selwer iwwerlooss (veuillez lire: oder net, datt ze jugéiere bleift jiddwerengem selwer iwwerlooss.)

Datt gesot, ginn ech awer mat Freed haut den Accord vun de Piraten fir dese kuerze Projet de loi an ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschtenen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President. Virop natierlech e Merci fir de Rapport, eng x-te Kéier zu deem Theema. Ech sinn och ganz frou, haut héieren ze hunn, dass jiddwereen hannert deene proposéierte Mesurë steet. Et ass e Rendez-vous op Zäit. Mir wäerten eis kuerzfristeg mat Sécherheet nach eng Kéier erëmgesinn, well nach e puer Mesuren ustinn, zu deene mer eis och wäerten zäitno prononcieren.

Zum Gléck huet d'Situatioun sech entspaant, sou wéi mer dat virausgesinn hunn. Dat ass dat, wourop ee gehofft huet fir dese Summer. Et ass och esou age-tratt, och wann d'Pandemie net eriwuer ass. Dat wësse mer allegueren. Mir hunn nach vill Virus, deen zirkuléiert. Et gesäit een et an eisen Ofwässer. Et gesäit een et an deenen anere Länner. Mir hunn och nach Situatiounen a Länner wéi zum Beispill Portugal, wou et zu neie Peake kënn. Mee dat, wat am Fong geholl berouegend ass mat Bléck op dat Zil, wat mer eis ëmmer gesat hunn, datt ass, dass trotz héijen Infektionszuelen iwwerhaapt kee Rapport méi ass mat der Unzuel u Leit, déi schwéier krank gi respektiv an der Klinik landen oder hiert Liewe musse loossen.

De Virus ass net fort. En ass do. Mee et ass haut wéi mat villen anere Krankheeten: Verschide Leit leide méi drénner wéi anerer. E gëtt verschiddene Leit nach zum Verhängnis, mee an engem Ausmooss, wat net méi bedrolech ass – op alle Fall zu deem Zäitpunkt – fir eis Santé publique, fir eis Institutionen, fir eis Spideeler. Dat heescht, de Risiko vun enger Iwwerlaaschung ass am Moment esou net ze gesinn, an dat eeben am Kontext vun deenen aktuelle Varianten, déi mer hunn.

Et kommen all Dag nei Variatiounen vun Omikron, mee zum Gléck ass et bis elo esou, dass de Risiko, deen een huet, fir schwéier krank ze ginn, niddreg bleift, ganz niddreg bleift, an dat virun allem och dank der Impfung. An och Leit, déi dann awer nach krank ginn, déi zu vulnerabele Kategorië gehéieren, eeler Leit, Leit, déi e schwaachen Immunsystem hunn, hunn haut eng ganz aner Situatioun, well mer mëttlerweil awer Medikamenter hunn, déi effikass sinn.

Wat bleift also nach? Nach eng Rei Mesuren a méi spezifesch Kontexter. Dat si Kontexter, wou mer entweder méi heefeg eebe vulnerabel Leit hunn. Ech denken un d'Spideeler an un d'Altersheemer. Dat sinn déi Leit, déi eeben duerch hiren Alter oder duerch hir Krankheet méi ufälleg sinn. Oder awer och nach, et ass erwänt ginn, am Prisong, wou mer déi Leit – an ech géif dat gären ëmmer erëm ënnersträichen – net wëllen zousätzlech strofen, mee hei geet et ëm Schutzmesuren. All Mesuren, déi a Covidzäite geholl gi sinn, sinn iergendwou lästeg a keen huet se gären, mee et geet eigentlech ni drëms, een ze strofen. Dat ass absolut net d'Intentioun. Et geet drëm, do Schutz ze bidden, wou de Virus eeben – wéi dat am Prisong eng Zäit eeben och de Fall war – méi staark zirkuléiert ass, méi einfach zirkuléiert ass.

Mee och hei – ech hat et an der Chamberskommission scho gesot – si mer absolutt bereet, dat ze iwwerdenken. Dat wäert an deem nächste Set u Mesurë sécherlech mat op de Leescht kommen. Mir si mat deene spezifesch Kontexter vu Spideeler an Altersheemer och keen Eenzelfall, wou nach Mesurë sinn. Dat ass an deene meeschte Länner an Europa nach de Fall, och an eisen direkten Nopeschlänner. A mir waarden hei natierlech och ganz gären op d'Konklusiounen vun deene fënnel Experten, déi vun der Regierung beoptraagt gi sinn, sech – zwar aus engem anere Bléckwénkel – mat der Pandemie ze beschäftegen, an zwar mat der Impfflicht.

Ech erënnere drun, dass de 14. Januar en éischten Avis komm ass an deem Kontext an dass d'Regierung den 2. März nach eng Kéier déi selwecht Experte beoptraagt huet sech ze äusseren, ob déi ugeduecht Impfflicht, sief et generell fir eeler Leit, sief et eebe spezifesch – an dat ass, wat hei zielt am Kontext vun de Spideeler an den Altersheemer –, nach Sënn mécht haut, mat dem Wëssensstand, dee mer haut hunn. Op deen Avis waarde mer, well en eis eng Ausso gëtt zur d'Situatioun eeben an deem Beräich, wou mer am Moment nach Mesuren hunn. Dat ass, firwat mer dorobber waarden.

Mir géife ganz gären déi lescht Mesuren an engem Hoff heihinnerbréngen. Ech si mer och bewosst, dass d'Lafdauer vum jëtzege Gesetz op en Enn kënn, soudass mer eis jiddefalls egal wéi geschwé wäerten erëmgesinn. A mir waarde genausou gespaant wéi d'Chamber dann elo säit mëttlerweil méi wéi dräi Méint op deen Avis, dee sécherlech geschwé kënn. Ech hunn haut de Moien nogefrot. Ech kann Iech leider kee genauen Dag soen, wéini mer e kréien. Ech ka just eeben och norechnen, genau wéi Dir. Et dauert schonn eng Zäit an dofir denken ech, dass déi Leit dat mat beschtem Wëssen a Gewësse maachen an eis Interessantes wäerte kënnen ënnerbreeden.

Den Hierscht – jo, mir sinn eis däers bewosst –, mir gi gewarnt, dass den Hierscht vun der Joreszäit propice ass, fir dass de Virus méi zirkuléiert. Aleng klimabedéngt wäert dat de Fall sinn. Wat eis a puncto Varianten erwaart, dat weess haut keen. Do ka keen an de Kaffismarc kucken. Mir sinn eisersäits preparéiert. Natierlech si mer preparéiert, déi Dispositiounen, déi mer hunn, erëm eng Kéier eropzefueren, falls et eng Kéier méi uerg nach géif kommen. Normalerweis – an dat ass eis Hoffnung – dierft dat net de Fall sinn,



mee et weess een et net. Kee weess et. Dat ass eng Onsécherheet an dofir si mer selbstverständlech och weiderhin op dat Schlëmmst preparéiert.

Ze soe bleift, dass d'Impfung nach ëmmer dee beschte Schutz wor an ass. Dat huet sech méi wéi erweisen. D'Date weisen dat. Dofir si mer haut an där Situation, an där mer sinn. Och mat staarker Presenz vum Virus hu mer ganz, ganz wéineg Leit, quasi keng vun deenen, déi wierklech duebel geimpft sinn, déi geboostert sinn, déi nach schwéier krank ginn, et sief, si hätten aner krankheetsbedéngt Ëmstänn, déi maachen, dass se méi ufälleg sinn.

Dofir och hei nach eng Kéier den Opruff vu menger Säit u jiddwereen, deen de Wee nach net fonnt huet: Loosst Iech impfen! Mir hunn zum Gléck nach all Woch Leit, déi och eng éischt Impfung maachen. Mir wäerten och eis Campagne elo nach eng Kéier relancéieren, fir beschtméiglech preparéiert ze sinn.

A mir wäerten och, sou wéi mer dat scho méifach ugekënnegt hunn ... Natierlech si mer prett mat engem Text fir d'Impfung. Do waarde mer op deen Avis, dee mer ufank Mäerz ugefrot hunn. Mee d'Regierung ass preparéiert mam Text. Dat huet d'Justizministesch och schonn e puermol betount. Eis Intention ass et, ganz zäitno do kënnen ze handeln, wa mer deen Avis bis virleien hunn.

A mir wäerten och zäitno eeben déi nächst Mesuren op de Leescht huelen. Dozou kann ech mech engagéieren.

Zur Evaluatioun, déi hei e puermol ugeschwat ginn ass am Kader vun der Motioun, déi vun der ADR komm ass, mee och vusäite vun deene Lénken, géif ech drop hiweisen, dass mer eng Evaluatioun lafen hunn, eng extern Evaluatioun. Déi ass ugefrot gi bei der OECD. Dat heescht, mir si säit Méint domadder amgaangen. Dat misst viraussichtlech fir de Summer ofgeschloss sinn, spéitstens fir den Hierscht, dovunner ginn ech aus.

Ech géif jiddwereen invitéieren, vläicht op déi Evaluatioun ze waarden. Dat ass eng extern. Mir sinn do fir Transparenz. Et ass dorëm, wou et eis geet, dass mer vu professioneller Säit ... Vusäite vun der OECD hu mer e ganze Panel un Experten, deen eis Krisegestioun wäert belichten, dat mat där néideger Professionalitéit, och mat där néideger Onofhängegkeet a mat där néideger Expertis. Dat heescht, déi breet Vue, déi gefrot ass, déi méi breet Vue wéi déi, déi am Moment ze erwaarden ass elo am Hëllef reng op d'Impfflicht, déi wäert hei assuréiert sinn.

Mir si selwer ganz gespaant op dat Resultat. Mir wëllen allegueren zesummen eppes léieren aus deem, wat mer hei duerchgemaach hunn iwwert déi lescht Joren. An asoufern ass deen Exercice geduecht, fir eis do Opschluss ze ginn, fir ze gesinn: Wat ass gutt gelaf? Wat ass vläicht net esou gutt gelaf? A wéi sti mer och am Verglach zu anere Länner do?

Dofir géif ech Iech bieten – an dat wär dann op alle Fall d'Positioun vun der Regierung – ofzawaarden, bis mer dës éischt Evaluatioun virleien hunn a gesinn, wat déi eis bréngt. Dat ass ëmmer ganz opwänneg. Ech kann Iech soen, dass dat am Moment ganz vill Ressourcen och bei eis mobiliséiert. Dat gëtt ganz detailléiert gekuckt a gemaach an ech sinn och zouversichtlech, dass et an den Delaie wäert kënnen ofgeschloss ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Ier mer zum Vott kommen, wollt ech drun erënneren, dass ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kënnen matofzestëmmen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8010. Den Text steet am Document parlementaire 8010<sup>6</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8010 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Tess Burton, Francine Cloeser (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### **Motion 1**

Da komme mer zur Motioun, déi d'ADR-Sensibilitéit deposéiert huet. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Jo, Här President, ech wäert Iech elo net iwwerraschen, wann ech Iech soen, dass ech proposéieren, dass mer déi Motioun hei net unhuelen. D'ADR freet hei, dass de Conseil scientifique, dee mer hunn, deen eis wëssenschaftlech begleet huet an där ganzer Pandemie, méi breet opgestallt soll ginn. Hei gëtt allméiglech gefuerdert: Hausdokteren, Psychiateren, Psychologen, Ekonomisten, Statistiker, Juristen, Eethiker, Philosophen, Vertrieeder vun der Mënscherechtskommissioun, Spezialiste vun der Sozialpolitik, Sozialpartner, Vertrieeder vun de Spideeler, Gesondheetsberuffer, Patientevertrieeder, Kommunikatiounsspezialisten – eppes Neits –, Aktiviste fir d'Fräiheet vun de Medien, ...

(Brouhaha)

... Leit mat aneren techneschen a wëssenschaftleche Qualifikatiounen, wien och ëmmer dat ass.

(Brouhaha)

Ech mengen awer, dass mer eis sollten dorobber behapten, dass dat sollte Spezialiste sinn, déi eis

wierklech och an där Matière beroden, fir déi mer se brauchen, nämlech fir eis wëssenschaftlech begleeten ze loosse bei der Covidkris an net iergendeppes aneschers, an net e Sammelsurium vun allméigleche Leit. Also mir wäeren der och nach e puer agefall, déi een hätt kënnen invitéieren, mee dat mécht d'Saach net besser.

An da gëtt awer hei gefrot, dass soll an deem Conseil scientifique en Aarbechtskader – dat kléngt alles gutt – geschaaft ginn, deen Avis-minoritären zouléist. An dat, mengen ech, ass kloer en Appell dozou, dass do iergendwellecht Geschwuerbels oder Coronafantasier herno sollte legitiméiert gi vun engem Gremium.

(Interruption)

An ech mengen, dass mer dat absolutt net kënnen zouloossen. Dofir recommandéieren ech, déi Motioun hei ofzeleenen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Très bien! Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Cruchten. Den Här Sven Clement freet nach d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Et ass net oft, dass ech mam Yves Cruchten esou enger Meinung sinn.

Vläicht nach eng zweet Fro, wat ech einfach net verstinn: also „Aktiviste fir d'Fräiheet vun de Medien“, gefuerdert vun enger Partei, déi Plaintë géint Medievertrieeder mécht, wann hinnen d'Rapporten net passen ...!

Bon, bref: Mir stëmmen dergéint.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Cruchten. D'Madamm Nathalie Oberweis.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Nee, et war den Här Lamberty!

(Hilarité)

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Jo, merci, Här President. Merci och der ADR fir dës Motioun. Also ech muss Iech éierlech soen: Mir versichen d'Motiounen ze liesen, ouni ze kucken, vu wéi enger Partei se kommen. A mir hu lo heimat keen esou immens grouse Problem, well mer mengen, dass een dee Conseil effektiv méi breet opstelle kann, fir dass en nach méi Usiichten a Point-de-vue materanhëlt. Ech mengen net, dass dat ka schueden. Ech mengen, dat mécht dee Conseil éischter méi staark a méi resilient a méi ... Et ass eeben och, fir den Impakt ...

A si hunn net Onrecht. Also d'ADR ass och net onbedéngt meng politesch ... Si sinn eis politesch net immens no, ech mengen, dat wësst Der. Mee ech muss soen: Et ass net alles falsch heider! Dat muss ech awer éierlech soen.

(Brouhaha)

Fir e méi breet opstellen, fir déi Impakter ze kucken, déi op alle verschiddenen Aspekter vun eisem gesellschaftleche Liewen woren, fir dat materanzehuelen, ass net onbedéngt falsch. Mir kënnen dat also esou eigentlech matdroen.

Bon, natierlech kéint ee verschidde Saachen änneren. „Aktiviste fir d'Fräiheet vun de Medien“, ech ginn de Piraten do Recht, dat ass natierlech e bësselchen hypokritt, wann et vun der ADR kënnt. Ech kann awer domat liewen, wann ech net kucken, vu wem se kënnt, well ech den Inhalt kucken. Dofir, mir kënnen déi a priori matdroen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis. Dann den Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Aus all deene vum Här Cruchten genannte Grënn stëmme mir se och net mat.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Wiseler. An da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun dëser Motioun, oder den Här Fernand Kartheiser, fir d'ADR-Fraktioun.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. Also et ass wéi ëmmer ganz interessant, de Kolleegen nozelauschteren, virun allem, wann een zum Beispill dem Här Cruchten ... Ech soen et nach eng Kéier: Et ass ni, datt ech den Här Cruchten perséinlech wëll iergendwéi do kritiséieren, awer a sengen Aussoen, trotzdeem, wann e seet: „allméiglech Leit“, sou als wär dat e bëssen erofwierdegend, wa mer do schwätze vum Hausdokteren, Psychologen, Psychiateren! Wësse mer dann net, datt déi mental Gesondheet ee vun deene grouse Problemer war iwwert déi lescht zwee Joer? Hu mer dat scho vergiess, wat alles geschitt ass?

An ass et dann net normal fir ze soen: Hei, déi Konklusioun, déi mer aus dëser Kris zéien, dat ass eeben ënner anerem déi, datt déi ganz Gesellschaft betraff war an datt et och wichteg ass, wa mer politesch Decisiounen huelen, datt mer net nëmme reng déi virologesch Aspekter kucken, mee eebe breet kucken, wéi eis Gesellschaft dorobber soll reagéieren, eis Ekonomie, an datt e berodende Gremium vun der Regierung eebe soll breet opgestallt sinn.

Mir hu geschriwwen: „zum Beispill“. Dat heescht net, datt mer all déi Leit hei drasetzen. Mee eebe just, well mer eng Méiglechkeet an Iddie wollten erabréngen, wéi mer esou e Grupp kéinte méi breet opstellen, hu mer geschriwwen: „zum Beispill“ déi an déi Kategorie vu Leit. An dozou sti mer. Firwat solle mer net Patientevertriebungen huelen, Vertrieber aus dem Spidolssektor?

A wat ka falsch dru sinn, wëll ech hei froen, fir ze soen, mir sollen och kucken, datt eeben eng kloer „ökonomesch Onofhängegkeet vun Interessegruppen“ etabliert ass? Mir haten där Diskussiounen a leschter Zäit, datt eeben d'Leit net dierfe vun der Pharmaindustrie iergendwéi gesi ginn, wéi wa se géife vun hir ofhänken. Dat ass dach gutt fir d'Kredibilitéit vun esou engem Gremium!

Gradesou wéi et gutt ass, wann e Gremium ka verschidde Meenungen duerstellen an Avis minoritaires publizéieren. Dat ass en Deel vun der Fräiheet, eppes, wat enger Demokratie an engem wëssenschaftleche Gremium gutt zu Gesiicht steet!

Mir wësse jo, datt dat hei refuséiert gëtt, mee wat interessant ass a wat kee Kompliment ass ... Ech huelen déi Lénk aus, also all Respekt fir déi neutral Manéier, wéi déi Lénk dat hei analyséieren!

**Plusieurs voix** | O!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | All Respekt!

(Exclamations)

Nee, et muss een et wierklech soen, et muss ee wierklech soen: Si hu méi demokratesch Oppenheet a méi e groussen demokratesche Geescht gewise wéi déi aner Parteien heibannen!

(Brouhaha)

Well déi hunn e bëssen de Pawlowsche Reflex: „Egal wéi gutt eng Iddi ass, wa se vun der ADR kënn, si mer dergéint!“

(Brouhaha)

Abee, mir brénge gutt Iddien. Mir vertrieede se. An et ass eng gutt Iddi, fir esou e Grupp breet opzustellen,

fir em Fräiheeten ze ginn, déi en elo net huet, fir e kredibel duerstellen, fir datt eis Gesellschaft besser ass. Mir bekenne eis zu där Iddi. A mir maachen et wéi déi Lénk: Mir stëmmen derfir!

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An dann huet den Här Dan Kersch d'Wuert gefrot.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech wollt den Här Engelen froen, als Auteur vun der Motioun, nodeem dass säin Affekot hei geschwat huet, ob hie weess, wien actuellement an deem Conseil dran ass.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | O! Dat ass dach keng Quizsendung!

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Engelen, Dir sidd direkt ugeschwat.

(Brouhaha et interruptions)

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här Dan Kersch, fir dës Fro. Wann dee Komitee esou opgestallt ass, wéi mer den Expertegrupp haten an der Kommissioun vun der Impfflicht, da waren et véier Experten, déi derfir waren, an all déi aner waren net zougelooss. An duerfir hunn ech grousst Mësstrauen an dee Komitee do, quitte datt et fantastesch Leit sinn, déi do dra sinn, och gutt Leit. Mee wann een net alles weess, ...

(Interruptions)

... da muss een dat och soen.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir hutt Mësstrauen, ...

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Mee ech ka mer net virstellen, datt ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | ... ouni ze wëssen, wien dran ass!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | ... d'Regierung ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Méi kloer konnt Der et elo net soen!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Här President!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. Den Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Just ganz kuerz. Et gëtt jo de Corps vum Conseil scientifique. De Conseil scientifique fonctionéiert an enger ganzer Rei vun Aarbechtsgruppen a Composition-variablen. Deen ass also scho ganz breet opgestallt. An ech mengen, mir brauche keng Lektioone vun Iech ze kréien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här ...

**Une voix** | O!

**M. Fernand Etgen**, Président | ... Di Bartolomeo.

**M. Fred Keup** (ADR) | Hëllef! Mir hëlfe Iech!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech mengen, mir kënnen elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 6 Jo-Stëmme géint 54 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon*

*Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Georges Mischo), Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Marque et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

### 3. Motion de M. Fernand Kartheiser relative à la mise en place d'un mécanisme qui assurerait que les prix de certains produits pétroliers soient inférieurs à ceux des pays voisins

(Motion déposée en séance publique n° 56 du 7 juin 2022 – à consulter au compte rendu n° 19/2021-2022 en page 42)

Mir kommen elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour. An dat ass d'Motioun, déi virgëschter vum Här Fernand Kartheiser deposéiert ass ginn, iwwert d'Aféiere vun engem Präismechanismus, deen derfir suerge soll, datt d'Präisser vun de verschiddene Pétrolsprodukten ëmmer ënnert dem bëllegste Präisniveau wéi an eisen Nopeschlänner leien. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), auteur | Jo, villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn am Abléck eng Situatioun hei am Land, déi e grouse soziale Problem fir vill Leit duerstellt. An et ass eng „situation du jamais-vu“, sou huet d'Press et beschriwwen, an esou ass et och. Hei si just e puer Titelen aus der Press vun deene leschten Deeg: „Le Luxembourg doublé par ses voisins sur l'aide aux carburants.“ Oder hei och nach: „Les Allemands ne font plus le plein au Luxembourg.“

Mir sinn an enger Situatioun – an dat beschreift d'Press, mengen ech, ganz richtig –, datt an Däitschland am Abléck e Rabatt offréiert gëtt bis zu minus 30 Centimes, a Frankräich minus 18 Centimes, an der Belsch 17,5 Centimes. Dat ass d'Press vun haut. A mir hu 7,5 Centimes zäitlech begrenzt ginn. Dat ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg.

Et ass och net esou, datt dat an den Nopeschlänner déi eenzeg Moosnam wär. Well ech héiere schonn: „Mee mir maachen nach hei an do ...“, mee déi aner maachen och nach zousätzlech Moosnamen, soudatt een ... Et ass natierlech schwéier, alles direkt ze vergläiche mat véier Länner, mee et ass awer net esou, datt dat do elo déi eenzeg Moosnam wär, déi an eisen Nopeschlänner géif geholl ginn, fir de Leit et sozial ze erliichteren, kënnen tanken ze goen.

Et ass eng Situatioun, wou mir eng ganz Rei Nodeeler dra gesinn. Éischens fir de Staat, mee dat ass emol nach net dat Wichtigst. Den Tanktourismus ass eng wichteg Quell fir eise Budget. Mir si schonn an enger Defizitsituatioun. A wa mer dann awer e



Budgetsposen, dee ronn eng Milliard d'Joer era-bréngt, op déi Manéier a Fro stellen, ass dat och eng berechtegt Fro aus der Perspektiv vum Staat.

Mee dat ass nach net dat Allerwichtigst. Dat Allerwichtigst ass d'sozial Situatioun vun de Leit, an dat hu mer och an eiser Motioun ganz kloer opgezielt, wa se eeben an d'Nopeschlänner zum Deel elo tanke ginn. Et si virun allem déi sozial schwach Leit, déi e Problem hunn, den Auto ze benotzen. A si brauchen dee jo dacks, zemoos wa se am ländleche Raum wunnen. Déi Leit brauchen den Auto, fir schaffen ze goen, an et ass fir si e ganz, ganz grouss Problem. Fir d'Frontalieren ass et och zum Deel e Problem. Bon, déi kënnen elo méi bei sech tanken, mee déi hu grouss Strecken ze fueren.

Et ass e Problem fir eis Entreprises, fir d'Kompetitivitéit, an notament fir d'Transportbetreiber. D'Logistik ass hei am Land e ganz grouss Secteur. An déi hu schonn immens vill Problemer: Chauffeure fannen an allméiglech Reglementatiounen an Transportkäschten, dat ass e Riseproblem!

An hei geet d'Regierung iwwert déi Saach ewech, si freet sech nach driwwer! Si seet: „Et ass schéin. Eis Klimaziler kënnen mer elo erreechen!“ D'Nopeschlänner hunn och Klimaziler, mee d'Nopeschlänner weisen hei e soziaalt Gewëssen. Wou ass hei dat soziaalt Gewësse vun der Lëtzebuurger Regierung?

**M. Fred Keup (ADR) | Très bien!**

**M. Fernand Kartheiser (ADR), auteur |** Als ADR fuerdere mer éischens, an dat hu mer scho laang gesot, datt mer déi Kuelendioxidsteier ofschaffen. An elo geet jo d'Regierung nach hin ... Et ass jo net nëmme, datt se se elo huet an och aus dem Index erausgeholl huet. Et ass jo och eng Indexmanipulatioun vum Wuerekerf, well d'CO<sub>2</sub>-Steier gëtt jo net berücksichtegt an der Indexdiskussioun. Mee si geet nach hin an den 1. Januar 2023 gëtt d'Kuelendioxidsteier nach eng Kéier eropgesat! Dat heescht: An dëser Situatioun, wou mer an esou enger Onsécherheet sinn, geet d'Regierung nach hin an erhéicht d'Steieren, wat genau deen do Problem nach eng Kéier wäert verschärfen.

Dat ass wierklech onméiglech! Also wann een iergendwéi well sozial argumentéieren, ass dat absolutt onméiglech!

A mir soen – dat maache mer –: Mir hätte gär eng aktiv Sozialpolitik a mir hätte gär, datt den Tanktourismus als wichtige Posten am Staatsbudget erhalte bleift. An dofir soe mer: Mir sollte kucken, datt mer allkéiers zu Lëtzebuerg mat eise Präisser ënnert deenen niddregste Präisser vun eisen Nopeschlänner leien!

Dat ass steierlech och méiglech. Mir hunn diskutéiert gehat – an der Tripartite-Kommissioun, mengen ech, war dat –, datt et en europäesche Besteuerungsmimum gëtt. Ech weess net, wéi d'Nopeschlänner dat maachen. Déi leie jo da bestëmmt op deem Minimum do, dee ginn ass. An anscheinend – dat kann d'Regierung eis soen – ass dee Minimum elo nach erofgesat ginn duerch d'Europäesch Kommissioun, fir datt eeben esou Moossname méiglech sinn.

Mir kafen alleguer an Europa Ueleg op de Weltmäert – alleguer! Alleguer si mer un änlech Steierreegele gebonnen, well se jo zum groussen Deel europawäit harmoniséiert sinn. Wéi ass et da méiglech, datt an Osteuropa 1,2 Euro de Liter bezuelt ginn, oder liicht driwwer, an hei muss een 2 Euro fir dee selwechte Liter bezuelen?

Dat sinn awer signifikant Ënnerscheeder, déi sech elo net nëmme duerch reng lokal Maartënnerscheeder kënnen erkläre loossen. Dat ass och d'Resultat vun der Steierpolitik vun enger Regierung a mir hätte gär,

datt dat sech fundamental ännert, fir datt mer eeben, wéi gesot, éischens eng anstänneg Sozialpolitik an dëser Krisenzäit féieren an zweetens och de Staatsbudget kënnen a senger Capacitéit preservéieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fred Keup (ADR) | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Kartheiser.

D'Madamm Josée Lorsché huet d'Wuert gefrot.

### Discussion générale

**Mme Josée Lorsché (déi gréng) |** Merci, Här Präsident. Jo, mir musse feststellen, dass dës Motioun eigentlech drop erauszielt, den Tanktourismus, de Camionstrafick duerch Lëtzebuerg gesetzlech ze féieren, wat jo bei niddregen oder niddregste Bensinns- an Dieselpreisser notament de Fall ass.

Do muss een einfach nëmme soen, do gëtt et dräi Punkten, déi eis fundamental steieren.

Dat éischt ass natierlech, dass doduerch eise Stroossereseau méi iwwerlaascht gëtt, wéi mer dat wëllen, dann dass d'Loftqualitéit duerch deen Tanktourismus, dee jo hei soll gesetzlech verankert ginn, eeben net déi ass, déi mer eis wënschen, an dass eis Klimaziler natierlech net erreecht ginn, wuel wëssend, dass de Stroosstraafick ee vun den Haaptfacteuren vun den CO<sub>2</sub>-Emissiounen ass.

Déi dräi, dat ass dräifach net an eise Sënn. An dofir well ech nach eng Kéier betounen, dass eis Prioritéit op anere Moossname läit, notament um Crédit d'impôt, dee mer hei zu Lëtzebuerg zougestinn, wou mer massiv ...

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen, Président |** Här Mosar, Dir hutt net d'Wuert!

**Mme Josée Lorsché (déi gréng) |** ... kompenséieren, grad déi Leit ënnerstëtzen, déi et am meeschte brauchen. An dofir kënn et fir eis net a Fro, dass mer dës Motioun wäerte matdroen.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Madamm Lorsché. An dann ass d'Wuert fir den Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth (CSV) |** Merci, Här Präsident. Dir Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Härren, gëschter huet ee gesot, mir géifen iwwer „liicht Motiounen“ diskutéieren. Ech gesinn dat hei net als eng liicht Motioun. Et ass op jidde Fall fir eis eng Motioun, déi een net op déi liicht Schëller sollt huelen.

An ech explizéiere mech och. Ech soe ganz kloer am Numm vun der CSV: Fir eis kann de Lenkungseffekt vun den Taxen TVA an Akzisen, déi op dem Spritt gefrot ginn, net derzou féieren, dass elo d'Lëtzebuurger an Däitschland tanke ginn. Dat ass eng fundamental Positioun vun der CSV.

D'Leit am Land – an duerfir soen ech, dass et eng Motioun ass, déi mer net op déi liicht Schëller kënnen huelen –, d'Leit am Land stelle sech Froen! Éischens: Firwat sinn d'Wunnungspräisser déi Säit vun der Musel méi bëlleg wéi zu Lëtzebuerg? D'Leit stelle sech Froen. Firwat keeft een e grousst Assortiment vu Liewensmëttel, vu Kierperfleegartikele méi bëlleg an Däitschland wéi zu Lëtzebuerg? An da stelle se sech, drëtens, och elo nach d'Fro: Firwat tanke mer elo op eemol an Däitschland méi bëlleg wéi zu Lëtzebuerg?

Dat si Froen, déi d'Leit sech stellen. An dat si Froen, déi d'Leit beläuschen. D'Leit bezuelen a si beläuscht, bis wäit an d'Mëttelschicht eran, mat héije Wunnungsbaupräisser. D'Leit si beläuscht mat héije Steieren, déi net méi adaptéiert gi sinn. An elo kënn dat hei nach derbäi. An ech soen Iech ganz éierlech: Fir Duerchschneittsfamilien, fir ganz vill Leit ass e Literpräis

vun 2 Euro a vläicht geschwënn nach méi net méi ze bezuelen. An dobäi ass den Index och net dat, wat dee Kafkraaftverloscht ausgläicht.

**Une voix |** Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV) |** En drëtten Punkt ass deen, dass mer hei jo iwwer méi diskutéiere wéi iwwert de Literpräis vum Spritt. Mir diskutéieren doriwwer eraus iwwer eng Milliard – ech widderhuelen et: eng Milliard – Recetten am Staatsbudget, an engem Staatsbudget, dee schonns souwiesou defizitär ass. Oder, fir et op gutt Lëtzebuergesch ze soen: D'Land leeft, wat de Fonctionnement ubelaangt, de facto op Puff!

An dann heescht et, de Choix ze treffen, ob mer nohaltegt Staatsfinanzen hunn, ob mer nohaltegt och iwwert de Waltermin 2023 ënner 30 % Staatsverschuldung bleiwen. An dat ass net einfach eng Zuel, déi een an de Raum stellt. Dat ass eng Zuel, déi fir Lëtzebuerg – an den Här Baum huet et des Èfteren ënnerstrach – en anere Stellwäert huet wéi fir aner Länner mat 60, 80 Milliounen Leit a mat ganz anere Méiglechkeeten, fir op hir eegen Ekonomie an domat och op d'Ekonomie an der Europäescher Unioun anzewierken.

Aus all deene Grënn a wéinst der Seriositéit vun dem Grondproblem, deen hei un der Basis ass, géif ech am Numm vun der CSV proposéieren, dass mer – wann den ADR domat d'accord ass – dës Motioun, well d'Problematik, déi sech hannendru verbiergt, vill méi breet ass, an d'Finanzkommissioun vun der Chamber verweisen, fir dass mer e breeden Échange de vues mat der Finanzministesch, mat dem Douanesdirekter, mat der Inspection générale des finances, mat dem Statec hunn, a virun allem och, an dat ass eis Demande, dass déi Fro vun dem Tanktourismus, mat deenen engen a mat deenen aneren Argumenter, och vun enger onofhängeger Institutioun, nämlech der Zentralbank, diskutéiert gëtt.

Also eis Propos ass déi, fir dës Motioun, vu hir Problematik, déi un der Basis ass, an d'Kommissioun ze verweisen an do déi gesamt Problematik ze diskutéieren a vläicht eenzel Ajustementer an engem eventuellen nächsten Tripartite-Gesetz ze huelen, déi iwwert dat erausginn, wat déi 7,5 Cent sinn, déi d'Regierung de Leit um Spritt verbëllegt.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix |** Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Roth. Dann huet den Här Goergen d'Wuert gefrot.

**M. Marc Goergen (Piraten) |** Merci, Här Präsident. Also ech hu Verständnis fir déi Motioun an déi Thematik, mee mir Piraten sinn awer guer net dermat averstanen, dass mer géifen higoen an de Pétrol méi bëlleg maachen. Ech mengen, mir hunn eis schonn dergéint ausgeschwat, dass déi 7,5 Cent erofginn, da si mer bestëmmt net derfir, dass een nach vill méi sollt erofgoen.

Ech kann och kuerz erkläre, wéi esou: Well esou eng Remise op der Pompel eigentlech guer kee sozialen Effekt ass. Dat bréngt éischter deenen eppes, déi wierklech Sportsween oder sou eppes fueren, wéi deenen, déi een hei eigentlech mat der Motioun well ...

(Brouhaha et exclamations)

Dir kënn jo eng Kéier rechnen, wat e Sportswon verbraucht a wat en anere verbraucht a wat Der da mat Ären 30 Cent géift deementspriedend spueren. Mir sinn do méi sozial agestallt, dat ass eeben esou.

(Hilarité)

Mir wëssen hautzudaags, dass 1 Euro, dee verdéngt gëtt mat engem klimaschiedleche Produit, herno 10

Euro Reparatur wäert kaschten. Ech mengen, dat därfe mer och alleguerten net vergiessen, eis virun Aen ze féieren.

Jo, d'Klimakris ass nach ëmmer do. Mir Piraten hunn dofir vun Ufank u gesot, och ier elo déi Pétrolsproblemer duerch de Krich oder virun am Dezember schonn opgetaucht sinn, dass mer endlech e Klimakredit bräichten. Dat heescht: Et huet een esou vill CO<sub>2</sub> zegutt, dat iwwer eng Negativsteuer, an duerno gëtt et méi deier. Dat ass einfach dee beschte Modell, fir dass ee fir d'Leit kann en Ureiz schafen, fir eeben deemtspriechend ze spueren.

A jo, mir Piraten stinn och dozou, dass mer aus dem Tanktourismus eraus wëllen. Mir hätte léiwer en Elektrotourismus, dass d'Leit hir elektresch Autoe bei eis géifen tanke kommen, well hei endlech den Elektro, deen ee luet, manner wéi 40 Cent géif kaschten. Anstatt dass mir méi deier si wéi d'Ausland op deene Präisser, hätte mir gär, dass mir en Elektrotourismus hei zu Lëtzebuerg hätten, mat Schnelluedestatiounen. Mee dat ass leider verpasst ginn! Mee mir hoffe jo alt, dass dat sech elo 2023 wäert änneren.

Virun ass gesot ginn: „D'Nopeschlänner ...“. Jo, d'Nopeschlänner hunn och eng besser Klimabilanz wéi mir. Mir sinn hannert dem Katar déi zweetschlechtst op der Welt! Dat därfe een net vergiessen. Et ass ëmmer schéin, d'Nopeschlänner mat eis ze vergläichen. Mir hunn awer eng total schlecht Klimabilanz, also musse mer eppes maachen, anescht komme mer do net eraus.

A wann et eng Kéier mam Tanktourismus ... Et ass schéin a gutt, just de Montant ze huelen, dee mer am Budget eranhuelen. Huet awer emol eng Kéier, wat mer musse kompenséieren u Certificaten, well mer iwwer eis Moyene liewen. An deemtspriechend gi mer herno beim Tanktourismus nach mat engem Minusgeschäft eraus, well mer hei Pétrol verkafen, wou mer herno musse kompenséieren. Also ass am Budget och net vill geschafft.

An d'Diskussioun mat den Nopeschlänner, dass et méi bëlle ass, jo, dat ass eng Diskussioun, déi ee ka féieren. Mee ech wëll awer och do uféieren, dass mir zu Lëtzebuerg immens héich sozial Standarden an immens héich, sozial Gehälter hunn. An ech mengen, et ass och keen, deen dorunner géif fréckele goen, fir dass op eemol an de Supermarchéen de Botter oder iergendeppes méi bëlle gëtt. Well mir hunn eeben zu Lëtzebuerg grouss sozial Errungenschaften, an déi gëllt et och ze verdeedegen. An dann ass et net fir ze soen: „Am Ausland ass alles méi bëlle.“ Jo, mir hunn awer nun emol eis Gehälter hei a fir eis Piraten mussen déi Gehälter och esou bleiwen, wéi se sinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Dann huet den Här Vizepremier, den Här François Bausch, d'Wuert gefrot.

### **Prise de position du Gouvernement**

**M. François Bausch**, Vice-Premier Ministre | Merci, Här President. An dat hei ass jo eng ganz spannend Diskussioun, wou ech awer net esou richtig weess, wann ech déi eenzel Interventiounen gekuckt hunn, zumindest verschiddener, wat wierklech soll diskutéiert ginn.

Et ass richtig, wa gesot gëtt, mat steigenden Energiepräisser, zemoos wa se sou abrupt geschéien, wéi dat an deene leschte Méint de Fall ass, do soll een net domadder spaassen an dat muss ee seriö huelen. Et muss ee sech däers bewosst sinn an et muss een duerfir och eng sozial Oder hu fir déi Leit, déi effektiv

domadder natierlech kuerzfristeg relativ vill Problemer kënnen kréien.

Mee ech muss awer soen, wann een dat wëllt diskutéieren, ass dat en anere Sujet, wéi wa mer iwwert déi laangfristeg Ofsécherung vum Staatsbudget respektiv iwwert déi ganz Fro vum Tanktourismus diskutéieren, wat dee fir de Staatsbudget duerstellt a wéi mer doraus erauskommen.

Déi Fro, niewebäi bemierkt, wäert sech relativ séier léisen, well Dir hutt matkritt, wat d'Europaparlament gëschter decidéiert huet, nämlech datt de Verbrennungsmotor 2035 soll fäerdig sinn. Dat heescht, ab 2035 dierf kee Verbrennungsmotorauto méi kaf ginn, soudatt déi Iwwergangsperiod, bis mer dann op 100 % Elektresch sinn, souwisou relativ séier wäert eriwier sinn a mer elo scho mussen eng ganz kloer Zilsetzung iwwer 10, 15 Joer hunn, wéi mer da steierlech domadder ëmginn.

Well wann natierlech d'Akzisen um Bensinn ewechfale, well mer nach alleguerten just mat Elektresch fueren an do jo de Moment keng Akzisen drop sinn, wann een dat tankt, da muss ee jo och wëssen – an dat ass ëmmer dat, wat mech erstaunt, wann ech déi Diskussiounen esou héieren, wou jo e bëssen esou gemaach gëtt, wéi wann d'Regierung géif massiv Akzisen astiechen an domadder géif de Weekend an d'Vekantz fueren –, mee nee, déi Akzise gi jo benotzt, fir eppes ze finanzéieren. An déi gi jo benotzt, fir zum Beispill d'Stroosseninfrastruktur ze finanzéieren, well wann Der Iech en Auto kafe gitt an Dir hutt keng Strooss, fir drop ze fueren, da kënnt Der mam Auto och net schrecklech vill ufänken, och wann e vollgetankt ass.

Duerfir ass déi Diskussioun natierlech e bësse méi komplizéiert, wann een déi wëllt féieren. An do deelen ech d'Meenung vun deenen, déi soen, datt een net soll aus der Héft schéissen an hei an iergendenger Motioun iergendeppes decidéieren. Dat kéint nawell déck schifgoen!

Wann ech awer dann iwwert dat Kuerzfristeg diskutéieren – ech liesen Iech elo d'Schlagzeile vun deem vir, wat an Däitschland, an eisem Nopeschland, stattfënn –: ADAC-Zitat: „Tankrabbat für Benzin und Diesel, Spritpreis steigt trotzdem“. D'Tagesschau gëschter: „Wieder steigende Preise: Teurer Sprit trotz Tankrabbat“. „Focus“: „Preise für Diesel und Benzin steigen – Tankrabbat verpufft bis zu 100 %“.

An dat ass eebe genau de Problem. Wann een déi Fro vun der sozialer Kompensatioun wëllt léisen, da bréngt et net schrecklech vill ze mengen, et kéint een dat par rapport zu der Pompel léisen, wou een net alles ënner Kontroll huet, éischters. A mir zu Lëtzebuerg vill méi iwwerengs wéi an Däitschland, well hei gëtt de Präis vill méi determinéiert wéi an Däitschland, well do hutt Der duerfir nämlech och déi Schwankungen, wou Der souguer ganz regional ënnerschiddlech Präisser bezuelt, well do net esou genau staatlech fixéiert gëtt wéi bei eis.

Mee da muss ee sech aner Saachen afale loosse! An da musse mer kucken, wann déi Situatioun esou weidergeet, wéi se weidergeet ..., a wann ech déi lescht Note de conjuncture vum Statoc gëschter richtig gelies hunn, leie mer elo, zumindest bei deene Mesuren, déi mir als Lëtzebuurger Regierung geholl hunn, nach ëmmer relativ gutt, dat heescht, wat de Kafkraaftverloscht ubelaangt, hu mer souguer an den ënneschte Kategorien nach ëmmer iwwerkompenséiert. Wann ech dat awer soen, wëllt dat net heeschen, datt ech mengen, datt déi Leit net a Schwierigkeeten wieren. Mee ech mengen, da musse mer kucken, wéi déi nächst Méint weiderginn. A sollt sech eraustellen, datt déi nächst Méint gradesou katastrophal

weiderginn, wéi déi lescht Méint waren, jo, da muss een ëmmer erëm nei diskutéieren. Mee da musse mer ons awer gescheit Saachen afale loosse!

An da soen ech Iech, da sinn ech éischter derfir, fir an d'Richtung vun enger Diskussioun vun zum Beispill engem Energiebong an esou Saachen ze goen, wou ech wierklech deene Leit ka massiv hëllefen, déi d'Sue brauchen – keng a méttel Gehälter –, an net iwwer eppes Pauschales ze diskutéieren, wou ech sécher sinn, datt et éischters verpufft an zweetens virun allem deene profitéiert, déi, mengen ech, et net onbedéngt bräichten. Dat sollt d'Zilsetzung an deem Ganze sinn.

Elo kënnt déi Diskussioun: „Wat maache mer mat där Motioun?“, dass d'Chamber decidéiert, wat se domadder wëllt maachen. Ech soen Iech just meng Meenung dozou: Déi Motioun hei soll een elo ofleenen, well dat, wat den Här Roth proposéiert, déi Diskussioun kënnt jo elo souwisou. Am September kréie mer Budgetsdebatten fir 2023. An, Här Roth, Dir wësst jo och, 2023 ass en interessant Joer, et ass e Waljoer. Da wäert jo warscheinlech all Partei sech besonnesch positionéieren fir de Budget 2023 an da ka jiddweree soen, wat en dozou ze soen huet. Déi Debatte ginn am September un.

D'Chamber féiert jo iwwerengs och nach, wann ech richtig informéiert sinn, virum Summer eng Steuerdebatte, déi se selwer preparéiert huet. Ech mengen, do ka jiddweree all déi Saachen a seng Virschléi virbréngen. Mee wéi gesot, et ass der Chamber iwwerlooss, wat se doraus mécht. Ech mengen, mir kréie genuch Geleeenheet, driwwer ze schwätzen.

Op alle Fall ass et keng gutt Léisung, fir an deem wichtege Dossier hei einfach aus der Héft eraus iergendeppes ze decidéieren, well dat vläicht grad do-bausse gutt ukënn oder gutt klénge kéint, mee awer vum Resultat hier zimmlech verpufft, wéi Der dat an de Schlagzeilen an Däitschland kënnt noliesen. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Bausch. Da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), auteur | Jo. Villmools merci, Här President. Och merci all deene Kolleegen, déi hei zu där Motioun geschwat hunn.

Ech wëll just kuerz reagéieren op dat, wat den Här Minister gesot huet. Also et ass dach schonn, mengen ech, bemierkenswäert an där Situatioun, an där mer elo sinn, wou wierklech een Drëttel vun de Stéit, mengen ech, no deene Sozialrapporten, déi mer elo gesinn hunn, Problemer huet, fir de Mount kënnen ouni Defizit ofzeschleissen, datt hei gesot gëtt: „Jo, de Problem, dee léist sech geschwënn.“ Mir sinn elo 2022 an 2035 ass de Verbrennungsmotorverbuet. Dat sinn 13 Joer! Ma d'Leit hunn elo Problemer!

**M. François Bausch**, Vice-Premier Ministre | Här Kartheiser, dat hunn ech jo elo net gesot. O nee, wannechgelift!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR), auteur | Dach, Dir hutt dat gesot, Här Bausch! D'Leit hunn elo Problemer, a wat mir gär hätten, dat ass, dass mer déi sozial Problemer, déi d'Leit elo hunn, effikass upaken.

Da sot Der, jo, den Elektromotor soll dat ofléisen. Wësst Der, dat ass eng Polemik, op déi ech elo net aginn. Et ass esou, wann Der déi Diskussioun verfollegt – ech huelen och un, Dir maacht dat –, da wësst Der, datt den Elektroauto och ëmmer erëm an d'Diskussioun kënnt, och weinst sengem Ekobilan, dee guer net esou gutt ass. An ob mer wierklech eng Kéier an déi Situatioun kommen, ...



(Interruption)

... datt de Verbrennungsmotor net méi do ass, do si mer nach wäit, wäit dervun ewech. Déi Decisioun vum Europaparlament ass och direkt kritiséiert ginn, soubal se geholl gouf. Mee d'Europaparlament hält ganz dacks Decisiounen, wéi Dir géift soen, „déi gutt klénge“ oder vun deene et mengt, si géife gutt klénge, an déi am Test vun der Realitéit keng zwee Deeg duerhalen.

Eng drëtt Saach, déi ech Iech wëll soen, ass, datt mer elo eréischt am Ufank vun enger verschäerfter Kris sinn. Déi Pétrolssanktiounen, déi mer elo hunn, ech weess net, ob déi en Effekt op Russland hunn, mee ech kann Iech awer soen, datt se en Effekt hei op d'Leit hunn. Dat kann ech Iech mat absolutter Sécherheet soen! An dat fänkt elo eréischt un!

A wa mer och nach eng Gasdiskussioun kréien, da kann ech Iech soen, datt dat e ganz spannenden Hierscht gëtt, wou d'Leit d'Suen net méi hu fir ze bezuelen, fir mam Auto dorëmmer ze fueren, a vläicht och nach beim Brennes, beim Hëtzen an esou weider riseg Problemer kréien.

An Dir verträischt dann: „Mir hunn elo eng Budgetsdebatt.“ Jo, déi hu mer am Dezember! Mee d'Leit hunn elo Problemer! Mir kommen an den Hierscht eran. Mir hunn elo héieren an der Covididiskussioun, do denke mer un den Hierscht. Ma mir mussen och un den Hierscht denke mat der Energie. An dat ass dee gréisste Problem, deen d'Leit am Abléck hunn! An dann heescht et hei: „Jo, mee mir hu jo elo Enn Juni eng Debatt, mir hunn Enn des Joers eng Budgetsdebatt ...“. Mee wat ass dat fir eng Regierung, déi net op déi Problemer ageet, déi d'Leit elo hunn an déi d'Leit elo ploen?!

Mir halen dës Motioun oprecht. Mir wäeren d'accord gewiescht mam Här Roth, well dat ass wéinstens e Gest, deen d'CSV gemaach huet, fir ze soen: „Kommt, mir kucken ...“

(Interruption)

Nee, et wor wéinstens e Gest! Et wor gutt gemengt. Et wor gutt fir ze soen: Kommt, mir huelen dat an d'Kommissioun a probéieren, mat jiddwerengem ze diskutéieren, fir wéinstens iergendwéi praktikabel Weeër ze identifizéieren. Mee mol dat wëll dës Regierung net! Mol dat net!

Also ech soen der CSV Merci fir de Gest. A fir all déi aner: Déi solle sech der Verantwortung dobausse bei deene Leit stellen, déi elo Problemer hunn, fir hire Mount ofzeschleissen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fred Keup (ADR) | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser.** Den Här Bausch freet d'Wuert.

**M. François Bausch, Vice-Premier Ministre | Här Président, den Här Kartheiser ass ëmmer Spezialist dran, wann e schlecht drun ass, fir alles esou ze verdréien, datt herno kee méi weess, wat eigentlech wierklech deen een an deen anere gesot huet. Duerfir wëll ech nach eng Kéier betounen, datt ech en Ënnerscheid gemaach hunn tëschent den aktuellen, imminente Problemer, déi d'Leit hunn, fir sozial d'Enner beieeneenzeréien, wou d'Regierung eng Rei Saache gemaach huet a wou d'Regierung och sécher bereet ass, nach eng Kéier Saachen ze maachen, jee nodeem, wéi d'Situatioun sech entwéckelt, an der mëttel- a laangfristeger Fro – well dat war nämlech d'Fro, déi den Här Roth opgeworf huet – vum Tanktourismus a wéi mer domadder ëmginn, wat dat fir eis Recettë laangfristeg bedeit. Dat sinn zwee verschidde Sujeten!**

An zu där imminenter Fro hei huet d'Regierung, wéi gesot, eppes gemaach. Déi lescht Note de

conjoncture ass, mengen ech, elo e puer Deeg al, zwee Deeg, wann ech mech elo gutt erënneren. Do si Berechnunge vum Statec iwwert de Kafkraaftverloscht gemaach ginn. Ech mengen, do hunn déi Mesuren, déi d'Regierung bis elo geholl huet, hir Wierkung bruecht. Wann ech dat soen, nach eng Kéier, betounen ech dobäi, datt ech domadder net wëll soen, datt et net fir verschidde Leit schwiereng am Moment ass, au contraire. Mee mir kucken ze hëllefen, sou wéi mer kënnen. Mir mussen jo och de Gesamtbudget am Bléck behalen. Mir mussen jo och d'gesamt Finanzen am Bléck behalen, mir kënnen jo net einfach nëmmen d'Sue léns a riets ausginn.

An ech bleiwen awer da bei der Meenung, wa mer wëlle sozial weiderhëllefen oder wa mer dat misste maachen, gëtt et méi gescheit Saachen ze maachen, wéi einfach deen Tankrabbat ze maachen. Well dat hu mer gesinn, iwwerall do, wou en agefouert ginn ass, inklusiv zu Lëtzebuerg, huet en ënnert dem Stréch net dat bruecht, wat mer eis erwaart hunn. An duerfir mengen ech, dass et do aner sozial Ausgläichsmesurë gëtt, déi mer vill méi cibléiert kënnen maachen a wou mer wierklech deene Leit kënnen hëllefen, déi de Moment wierklech a Schwierengkeete sinn.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Bausch.**

Ech mengen da kënnen mer elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

**Vote sur la motion**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass mat 4 Jo-Stëmme bei 35 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Yves Cruchten), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.*

## 4. 7939 – Projet de loi modifiant la loi du 23 décembre 2014 relative à la réalisation du Pôle d'échange multimodal de la Gare d'Ettelbruck et à la modification de la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7939 iwwer eng

zousätzlech Finanzéierung vum Pôle d'échange multimodal vun der Ettelbrécker Gare. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Jessie Thill. Madamm Thill, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics**

**Mme Jessie Thill** (déi gréng), rapportrice | Här Präsident, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, säit der Signature vun der Nordstad-Konventioun am Joer 2006 an der Ausaarbechtung vum Masterplang Nordstad 2007 huet déi städtebaulech Entwécklung vun der Neigestaltung vun der Achs Ettelbréck–Ierpeldeng–Dikrech verschidden Entwécklungsstrategien duerchlaaf. Ab 2008 hu sech d'Iwwerleeungen op d'Mobilitéit konzentréiert, mam Häerzstéck vun engem multimodale Pôle d'échange an der Neigestaltung vun der Ettelbrécker Gare, dat 2010 virgestallt gouf.

Aus dem Gesetzesentwurf Nummer 6734, deen am Oktober 2014 an der Chamber deponéiert gouf, ass d'Gesetz vum 23. Dezember 2014 iwwert d'Realisatioun vum Pôle d'échange multimodal vun der Ettelbrécker Gare ginn. Dëst Gesetz huet sech deemools an d'Ëmsetzung vun der Modu-Strategie agegliddert. Dëst Konzept gouf mëttlerweil duerch de Modu 2.0 ersat a ganz rezent duerch den éischte Plan national de mobilité fir den Horizont 2035 completéiert.

Säit 2018 sinn déi ëmfangräich Infrastrukturaarbechte vun der Ettelbrécker Gare, déi eng vun den am stäerkste frequentéierte Garen aus dem Land ass, amgaangen. Nieft senger Bedeitung en termes vu Reesenden, déi tëschent 2003 an 2019 ëm 85 % an d'Luucht gaange sinn, ass dës multimodale Projet immens wichteg fir d'Konnexioun „Nordstad“ fir den ëffentlechen Transport a ganz besonnesch den Zuch. D'Ettelbrécker Gare wäert dee wichtigste multimodale Pol fir d'Regioun ginn a wäert och d'Performanz an d'Attraktivitéit vum ëffentlechen Transport an der Regioun erhéijen.

Zu dësem Projet de loi: Et ass e Projet mat just dräi Artikelen, deen eng Rallonge financière vun 39,3 Milliounen Euro proposéiert fir d'Aarbechten, déi ënner de Volet vun Travaux publics respektiv vu Ponts et chaussées falen an iwwert de Fonds des routes solle finanzéiert ginn.

Et gëtt en Artikel 5 an den urspréngleche Gesetzestext agefüügt, dee virgesäit, fir de ganze Projet de réalisation vum Pôle d'échange multimodal vun der Ettelbrécker Gare als Utilité publique ze deklaréieren.

Vu datt et sech ëm eng Modifikatioun vu Limites financières vun engem Gesetz vum 2014 handelt, korrespondéieren d'Montanten dem Bautenindex vum 1. Oktober 2013 an net dem aktuellen.

Et schéngt mer an dësem Kontext wichteg, net just op déi grad erwänt Rallongen, mee op d'Gesamtentwertung vun dësem wichtige Mobilitéitsprojet fir d'Nordstad an doriwwer eraus anzegoen.

Am Projet dra ware fir den Département des transports respektiv d'CFL a finanzéiert duerch de Fonds du rail: d'Mise en conformité vun der Gare selwer, de Renouveau vum de Schinnen, d'Konstruktioun vun engem Park&Ride-Parking d'Rekonstruktioun vun engem Bâtiment voyageurs a seng direkt Alentouren.

Fir den Département des travaux publics respektiv d'Ponts et chaussées, finanzéiert duerch de Fonds des routes: d'multimodal Reorganisatioun vun der N7, der Rue du Canal, der Rue Prince Henri, der Rue de la Gare an der Avenue John F. Kennedy a vum CR348/ Avenue Salentiny, d'Mise en souterrain vun der N7 tëscht dem Carrefour vun der Waark an dem Monument Patton, d'Realisatioun vun enger Gare routière,

vum Parvis vun der Gare a sengen direkten Alentouren an d'Mise en place vun engem Dräieck-Carrefour fir de Pôle d'échange ewéi och eng nei Bréck Patton.

D'Gesetz vum 23. Dezember 2014 hat de maximale Montant vun 156,5 Milliounen Euro virgesinn, mat 112,7 Milliounen Euro fir de Fonds du rail an 43,8 Milliounen Euro fir de Fonds des routes.

Elo ginn 39,3 Milliounen Euro méi gebraucht fir de Fonds des routes, fir engersäits op en Depassement vun 9,8 Milliounen Euro vun den initial virgesinnene Käschten ze reagieren an anerersäits och 29,5 Milliounen Euro fir complémentaire Aarbechten ze geneemen, déi zanter dem Vott vum éischte Finanzierungs-gesetz néideg goufen. Ech verweisen op mäi schrëftleche Rapport, wou déi zousätzlech Aarbechten an d'Depassementer ganz genau dra beschriwwen ginn.

Just ee Punkt wëll ech awer nach ganz kuerz ernimmen, an dat ass wuel dee visibelste Changement par rapport zum initiale Projet vun 2014: Direkt iwwert der Busgare ass eng zousätzlech Konstruktioun vun zwee Gebaier virgesinn. Dat ass engersäits e Complexe administratif vun 1.200 m<sup>2</sup> fir staatlech a parastaatlech Services an anerersäits eng Jugendherberg mat ronn 120 Better, inklusiv fir all Mënsch zougänglechen Deeler wéi enger Bibliothék, engem Restaurant an enger Panorama-plattform um nengte Stack.

Ech si mer sécher, dass dës Elementer ganz dätlech zur Revalorisation an zur Beliewung vum Garer Quartier a vun der Ettelbrécker Stad insgesamt bäidroen wäerten.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Jessie Thill** (déi gréng), rapportrice | De Staatsrot hat bis op kleng legistesche Remarken, deenen natierlech Rechnung gedroe gouf, keng Observatioun zum Projet. En huet just allgemeng d'Remark gemaach, dass si eng Präferenz hätten, fir bei Rallongé vu gestëmmte Projeten en neit Finanzierungs-gesetz mat enger zousätzlecher finanzieller Enveloppe ze stëmmen, amplaz iwwert de Wee vun enger Modifikatioun vum initiale Finanzierungs-gesetz ze goen.

Et gouf soss keng weider Avisen. Zu den Eckdaten vun den Aarbechten an der Kommissioun: De Projet gouf de 27. Dezember 2021 vum Minister Bausch deponéiert, de 26. Abrëll 2022 vum Staatsrot aviséiert, den 12. Mee 2022 an der Kommissioun diskutéiert an examinéiert. An den 19. Mee gouf de Rapport ugeholl.

Ech wollt hei nach profitieren, fir jidderengem Merci ze soen, deen iwwert d'Joren un deem wichtige Projet geschafft huet, ginn heimat den Accord vun der grénger Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Jessie Thill.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Aly Kaes ageschriwwen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Aly Kaes** (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, beim virleiende Gesetzestext handelt et sech ëm d'Finanzierungs-gesetz, wou mer d'Zoustëmmung ginn, fir weider 39,3 Milliounen Euro an de Projet vum Pôle d'échange multimodal vun der Ettelbrécker Gare ze investieren. Domadder ginn déi respektiv Artikelen vum Gesetz vun 2014 ëmgeännert.

Ben, duerch d'Komplexitéit vun deem Projekt zu Ettelbréck ass sécherlech net alles zu 100 % am Vir-aus méiglech gëschiet ze plangen. Duerfir ass och absolutt ze verstoen, dass am Laf vun der Zäit, 2014 bis haut, verschidden Upassungen vum Projekt hutmusse geschéien, sief dat duerch Imprevuen, duerch

Normen, duerch Reglementer, déi am Laf vun de Jore geännert hunn a wouduerch eebe muss adaptéiert ginn. Et muss ee sech jo natierlech dodrun halen.

Ech wëll och drun erënneren, dass beim Vott vum Finanzierungs-gesetz 2014 a sech gesot ginn ass, dass déi Aarbechten am Prinzip 2016/2017 uginne an et fënnef Joer dauert, soudatt mer a sech elo scho misse mam Projet fäerdeg sinn, wat awer net de Fall ass. Dir wësst, dee ganzen Timing ass esou, dass elo eréischt d'Unterführung vun den Autoen ugefaangen huet.

Ben, an der Tëschenzäit ass awer ganz vill op der Ettelbrécker Gare geschitt. Sou si Quaien installéiert ginn, d'Busgare ass realiséiert ginn an no all deem Hin an Hier vun de leschte Wochen a Méint ass dann och elo mat der Gare vun de Passagéier ugefaange ginn.

D'Madamm Jessie Thill ass an hirem exzellente Schrëftlechen a mëndleche Rapport op déi verschidden Ännerungen agaangen. Mir soen natierlech Merci duerfir. Si huet eis och am Detail erkläert, wou déi 39 Milliounen dann investéiert ginn, soudatt ech net nach eng kéier wëll op déi Detailler agoen. Erlaab mir awer och, zwee Punkten ervirzeprägen.

Deen ee Punkt ass deen, dass eeben am Kontext vun deem Projekt eng Jugendherberg, eng nei Jugendherberg wäert gebaut ginn. Den Detail huet och d'Madamm Jessie Thill gesot. Dat ass sécher fir den Tourismus zu Ettelbréck, an der Nordstad a wäit doriwwer eraus, ganz wichteg. An et gëtt a sech och ee Punkt ëmgesat vum Plan quinquennal vum Tourismus, dee mer 2018 gestëmmt hunn.

Deen zweete Punkt ass och schonn erwänt ginn, ech wëll en awer trotzdem nach eng kéier erwänen, dass dat administrativ Gebai, wat realiséiert gëtt. An ech mengen, do muss ee ganz kloer soen, dass et e ganz speziellen Dadda vun deene Leit aus dem Norden, mee awer och aus anere ländleche Regiounen ass, dass et domadder méiglech gëtt, dass verschidde Verwaltungen a verschidde Beräicher kënnen dezentraliséiert ginn, wat enorm wichteg ass. Eppes wat mäi Fraktiounskolleg, de Léon Gloden, ëmmer erëm seet, wann en iwwert de ländleche Raum schwätzt.

D'Ettelbrécker Gare ass no der Stad Lëtzebuerg ganz sécher och déi Plaz, wou am meeschten ..., wou d'Ziel vun de Benotzer vum ëffentlechen Transport extreem héich ass. An duerfir ass et ganz wichteg, dass déi Ettelbrécker Gare wirklech beschméiglech a Stand gesat gëtt respektiv op Vordermann bruecht gëtt.

Erlaab mir awer zwou Froen un den Här Minister. Déi eng Fro, nodeem dass d'technesch Etüden all fäerdeg sinn, de PAG vun der Stad Ettelbréck ënner Dach a Fach ass, jo, an a sech och mat den Terrainen alles kloer ass, déi eng Fro ass einfach: Wéini gi mer fäerdeg? A wéi kann een dat am beschten dokumentéieren? Wéini weie mer dann a sech dee Projet an? Den Här Minister ka vläicht dorop agoen.

An dann: Kann en och vläicht soen, wéi et mat där Gare ass, déi do nach soll gebaut ginn, mat engem Park&Ride bei Ierpeldeng, wou et jo drëm geet, dass déi Leit aus dem Norden, déi mam Auto kommen, eng Facilitéit hunn, fir kënnen op den ëffentlechen Transport ëmzeklappen op där Gare, wéi do d'Evolution vum Dossier ass? Och dorop kann, wéi gesot, den Här Minister agoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ëmmer méi Leit wëlle vun engem attraktiven ëffentlechen Transport profitieren. D'CFL-Statistiken bewisen och kloer, dass ëmmer méi Leit wëllen natierlech och mam Zuch a mam Bus fueren. Dat ass ganz kloer. Duerfir brauche mer awer eng Gesamtinfrastruktur, déi flächendeckend optimal ass, wat jo nach ëmmer net de Fall

awer ass; dat muss ee ganz kloer soen. Ech hu viru kuerzer Zäit eeben eng Heure d'actualité gehat iwwert den ëffentlechen Transport am Norden, am ländleche Raum virun allem.

Mir mussen also ganz kloer weider doran investieren, wa mer gären hätten, dass d'Leit sollen den ëffentlechen Transport huelen. Den Aménagement vun der Ettelbrécker Gare ass ganz sécher e Puzzleteck am Konzept vun der Mobilitéit vum Land, vun Ettelbréck, vun der Nordstad an doriwwer eraus vum ëffentlechen Transport ganz sécher am Norden. A well dat esou ass, gi mer och d'Zoustëmmung zu deem Gesetzesprojekt.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech soen dem Här Kaes villmools Merci a ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. Ech kann hei stoe bleiwen. Dass ass de Verdéngscht vun der Rapportrice, déi nämlech e ganz gudden – exzellenten, géif ech bal soen – Rapport hat, souwuel hire mëndleche wéi hire schrëftlechen. Dofir géif ech hir gären am Numm vu menger Fraktioun villmools Merci soen. Ech géif dann heimat och den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Hahn. Dann ass et um honorabelen Här Carlo Weber. Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Här Chamberspräsident, léif Kolleeginnen a Kolleegen, villmools merci menger Nopesch hei, eiser Rapportrice, villmools merci hir fir déi Rapporten hei.

Mat eise Gesetz gëtt net nëmmen d'Budgetsenveloppe fir d'Bauaarbechte ronderëm d'Ettelbrécker Gare erweidert, mee och de Bau vun enger Jugendherberg gëtt erméiglecht, mat allem, wat derzougehéiert. Dat kënnt de Jonken zegutt souwéi och där ganzer Nordstad. Deemo: e wichtegt Stéck u Liewensqualität.

Och deen neien administrative Komplex, wou Plaz fir Büron a Veräins-, Versammlungssäll geschafe gëtt, ass ee wichtigen Atout fir d'ganze Regioun. Ech denken hei besonnesch un nei Verwaltungsraimlechteiten.

Am Numm vun der LSAP gi mer natierlech den Accord zu deem Projekt. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Weber. Dann ass et um honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken der Madamm Jessie Thill en häerzleche Merci fir dee gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Et kéint ee bal mengen, als Norddeputéierte misst een ëmmer all Investitiounen an d'Infrastruktur am Norden vum Land begrëssen an domat averstane sinn. Jo, dass ass am Prinzip wouer, mee bei deem Projekt ass et allerdéngs anescht. Dese Gesetzesprojekt steet an der Kontinuitéit vum Gesetzesprojekt aus dem Joer 2014, wou d'Ofraappe vun der Ettelbrécker Gare, ënner anerem, beschloss gouf. Och wa mer mat enger ganzer Rei Punkten averstane sinn, mee wat dee Punkt do, de Pôle d'échange zu Ettelbréck, ubelaangt, mat deem Punkt konnte mer eis deemools net ufrënnen an och haut nach net.

D'Ettelbrécker Gare, déi 1862 gebaut gouf, ass elo wäit iwwer 100 Joer eent vun de Warzeche vun Ettelbréck. 2014 hat mäi Kolleg Gast Gibéryen am Numm vun der ADR vehement géint dese Projekt geschwat, an dat aus guddem Grund. Alles, wat hie viru ronn



aacht Joer zum Gesetz gesot huet, ass haut nach gël-  
teg. Erlaabt mer, an deem Zesummenhang eng Rei  
kritesch Froen, déi deemools pertinent waren an et  
haut nach sinn, opzewerfen.

D'Regierung hat deemools scho behaupt, dat Gebai  
misst ofgerappt ginn, well den Tunnel fir d'Autoen  
drënner oder deels drënner duerch géif goen. Eiser  
Meenung no ass dat falsch, well haut kann een och  
Tunnellen ënner Gebaier bauen, déi een da stoe  
léisst a vun enne festegt. Am Ausland hu mer ganz  
vill Fäll, zum Beispill Leipzig, wou d'Eisebunnstracéen  
ënner Gebaier lafen. Déi hu souguer grouss Hotellen  
ënnerféiert, fir kënnen Tunnellen ze maachen. Alles  
dat ass haut méiglech. An dat ware Gebaier, déi em  
dat Villfacht méi grouss sinn, wéi dat zu Ettelbréck de  
Fall ass. Et wier also duerchaus méiglech gewiescht,  
wann de politesche Wëllen do gewiescht wier, fir dat  
Gebai ze erhalen.

Mir wëssen iwwerdeems, datt den Tunnel an engem  
Iwwerschwemmungsgebitt ass. A jidderee weess,  
wéi docks Ettelbréck vun Iwwerschwemmungen oder  
Risikoe beträff ass. Et ass wuel deemools gesot ginn,  
datt d'Ausfahrt gehéicht gi wier oder géif ginn, datt  
den Tunnel och engem Joerhonnertwieder géif stand-  
halen. 2014 ass also scho vun engem „Joerhonnert-  
wieder“ geschwat ginn! Wien hätt geduecht, datt  
schon 2021 esou ee Joerhonnertwieder géif optrie-  
den? Zwar net do, mee op anere Plazen. Do muss ee  
sech da Froe stellen.

*(Interruption)*

D'Fro gouf och deemools opgeworf a se gouf net ze-  
friddstellend beäntwert: Wat geschitt mat deem  
Tunnel bei gréisseren Iwwerschwemmungen?

Wat d'Verkéiserssituatioun zu Ettelbréck ugeet: Déi  
kann nëmme geléist gi mat engem Contournement  
Ettelbréck-Feelen. D'ADR-Propositioun, déi ech virun  
engem gudden Joer gemaach hunn zu deem Contour-  
nement, ass jo leider net zréckbehale ginn, obwuel  
mer mengen, datt et déi besser Alternativ gewiescht  
wär.

De Kollege André Bauler huet 2014 eng parlamenta-  
resch Fro gestallt, wou et am Zesummenhang mam  
Projet zu Ettelbréck em den Denkmalschutz geet.  
Déi deemoleg Kulturministerin hat deemools geänt-  
wert, datt hir Virgängerin gesot hätt, aus Récksiicht  
op den heite Projet hätt d'Regierung drop verzicht,  
fir dat Gebai ënner Denkmalschutz ze stellen. Ech  
fannen dat e ganz staarkt Stéck, wann ee seet: „Mir  
stellen e Gebai net ënner Denkmalschutz an Hisiicht  
vun engem Projet, well et dann net kéint ofgerappt  
ginn.“ Ass dann net grad en Denkmalschutz do, fir  
Gebaier ze schützen, soudatt se net ofgerappt brau-  
chen ze ginn, wa Projekte gemaach ginn?

**M. Fred Keup (ADR) | Très bien!**

**M. Jeff Engelen (ADR) |** Ech hu selwer nach ni héie-  
ren, datt aus Siicht vum Denkmalschutz gesot gëtt:  
„Mir kënnen dat Gebai net klasséieren, soss kënnen  
mer et net ofrappen.“

Dat ass am Fong geholl eng Situatioun, wéi mir hei zu  
Lëtzebuerg den Denkmalschutz maachen: Mir ma-  
chen Denkmalschutz, wann et eis an de Krom passt!

*(Interruption)*

Wann d'Regierung eppes wëllt ofrappen, a sief et  
nach esou schützenswäert, da gëtt et einfach net  
klasséiert. Dat léisst awer déif blécken an deem ge-  
samte System.

Et war fir eis deemools schwéier nozevollzéien, wéi  
nieft allen anere Parteien och d'CSV fir d'Ofrappe  
vum histoiresch eemolege Gebai vun der Ettelbrécker  
Gare konnt sinn. Als ADR kënnen mir, wéi schon 2014,

och dëst modifizéiert Gesetz net matdroen. Vun där  
Sekonn un, wou d'Ofrappe vun der Gare decidéiert  
gouf, war dëse Projet fir eis net ze toleréieren. An och  
aacht Joer nom éischte Gesetz bleiwe mer bei eiser  
Meenung. An deem Sënn wäerte mir géint dëse Pro-  
jet stëmmen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här  
Engelen. Als nächst Riednerin ass d'Madamm Myriam  
Cecchetti prett.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) |** Merci, Här Pre-  
sident. Här President, als Alleréischte emol e grouss  
Merci der Rapportrice fir den gudden schrëftlechen a  
mëndlechen Rapport, dee si hei gemaach huet. An am  
Virfeld soen ech och schon direkt: Mir stëmmen dee  
ganze Projet mat.

Um nationale Plang ass dëse Projet nämlech immens  
wichtig fir den öffentliche Transport. D'Nordstad  
gëtt besser un d'Stad an awer och un de Süden uge-  
bonnen, wat fir hiren Développement immens wich-  
tig ass. Déi Lénk kënnen dëse Projet just begreifen,  
deen och an eise leschte Walprogramm erënze-  
fannen ass, hei d'Zitat: „créer des nouveaux pôles  
d'échange multimodal régionaux à côté de ceux qui  
sont déjà prévus – en concertation étroite avec la  
population – comportant une offre importante de  
correspondances multimodales (train, tram, bus, car-  
sharing, covoiturage, pistes cyclables, P&R...)“.

Här President, parallel heizou erlaabt dëse Projet och  
eng gewëssen Dynamik fir Ettelbréck an d'Nordstad  
am Generellen. Duerch dëse Projet gëtt déi Ettelbré-  
cker Gare erëm méi accessibel an dobäi och vill méi  
attraktiv. Doduerjer wäert de Flux vun de Benotzer  
an d'Luucht goen, wat dann och eng positiv Reper-  
cussion fir déi lokal Economie wäert hunn. An  
d'Attraktivitéit am Generelle vun Ettelbréck wäert vill  
eropgoen.

Här President, wat natierlech d'Deierecht ugeet,  
muss ee ganz kloer soen, datt déi zum Deel deenen  
Elementer geschéit ass, déi elo supplementär derbäi-  
koumen, oder eeben den Imprevu. Et muss een  
awer och soen, datt d'Enveloppe budéaire 2014 och  
ënnerschat gouf. Mee dat concernéiert dëse Projet de  
loi elo net.

Här President, dann awer och nach e klengt Wuert zu  
der aler Ettelbrécker Gare. 2014 hat de Justin Turpel  
vun déi Lénk scho bedauert, datt dat aalt Gebai  
sollt ganz ofgerappt ginn. En hat och d'Regierung  
opgefuert, no Léisungen ze sichen, wéi een even-  
tuel déi al Gare hätt kënnen an deen neie Projet inte-  
gréieren. Datt se elo ganz ofgerappt gëtt, dat bedauere  
mir e bëssen. Mee ech sinn awer och elo net genuch  
mat deem technesche Volet vun deem ganze Projet  
hei vertraut, fir kënnen ze beurteilen, ob an ënner  
wéi enge Viraussetzungen dann awer och dat eventu-  
ell méiglech gewiescht wär. Zumindest begrësse mir  
awer, datt d'Regierung méttlerweil eng ganz Rei vun  
aneren Eisebunnsgebaier ënner Schutz gestallt huet an  
datt déi eis dann an Zukunft erhalte wäerte bleiwen.

Här President, erlaabt mer awer zum Schluss, eng  
ganz kleng Kritik mat awer enger grousser Auswier-  
kung unzëbréngen, an zwar déi vun der Lenteur vun  
der Mise en oeuvre vun esou Projeten, also einfach  
där Zäit, déi vergeet vun der Planung bis se realisé-  
iert kënnen sinn. Déi éischt Iwwerleeung, fir dëse Pôle  
multimodal zu Ettelbréck ze kreéieren, geet schon  
an d'Joer 2008 zréck. Dat ass e laangen Dag. Mam  
Projet de loi vun 2014 sinn d'Ufäng vun dësen Aar-  
bechten dann op 2016/2017 fixéiert ginn, mat enger  
Lafzäit vu fënnf Joer.

Haut, am Joer 2022, ginn emol d'Gros-oeuvren an  
Ugrëff geholl. Mat esou enger Lenteur ass et normal,  
datt mir ëmmer wäerten hannert deem hierlafen,  
wat mer eigentlech brauchen um Terrain fir den  
effentlechen Transport an d'multimodal Plattformen  
a fir dobäi dann net permanent am Stau ze stoen an  
eng würdeg Konkurrenz zum Auto ze hunn, nämlech  
eng Konkurrenz, déi vill méi confortabel ass, vill méi  
schnell ass an niewebäi vill méi bëlle – well si ass  
gratis!

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Madamm  
Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass  
den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten) |** Merci, Här President.  
Och mir Piraten wäerten haut géint dëse Gesetzes-  
projet stëmmen. Mir si sécherlech fir den öffent-  
lechen Transport an dass deen ausgebaut gëtt, awer  
net onbedéngt derfir, dass déi schéi Gare, déi elo 160  
Joer kritt – géif kréien, muss ech éischter soen –, vun  
1862, einfach esou ofgerappt gëtt.

Ech hu mech an der Virbereedung mat der ganzer  
Dokumentatioun befaasst an ech muss soen: Et ass  
en immens schéint Gebai mat immens villen Tradi-  
tiounen, mat deem och ganz vill Leit zu Ettelbréck,  
mee awer iwwer Ettelbréck eraus sech verbonne fil-  
len. Et ass e Patrimoine vum Land.

Dofir verst mir Piraten net, firwat datt dat ofgerappt  
gëtt, virun allem net, wa jo e Grupp eng Offer gefrot  
hat, fir dat Gebai ze verréckelen, wou mer vun 3,4  
Milliounen schwätzen, wann et verréckelt gi wär, an et  
wäre zum Deel bestane bliwwen – haut schwätze mer  
vun iwwer 30 Milliounen, déi nei investéiert ginn.  
Mir hätt kënnen dat Gebai zum Deel erhalen a mir  
hätten de Patrimoine och erhalen.

An elo, bon, kënn leider einfach e Bëtonsküb. Ech  
weess, et ass eng Affaire de goût, ob een herno esou  
e Bëtonsküb schéi fënnt oder net. Mee mir Pira-  
ten fannen en net schéin. An och d'COSIMO (ndlr:  
Commission des sites et monuments nationaux,  
actuellement remplacée par la Commission pour le  
patrimoine culturel COPAC) huet sech 2009 do uge-  
schloss an et schon deemools als schützenswäert  
agestuft. Leider gouf dat jo net realiséiert.

An elo zulescht konnt jo och jidderee matkréien,  
dass d'Schmuebelen eng Kéier e bëssen e Baustopp  
do provozéiert haten. Et war keng Autorisatioun do  
vum Ëmweltministère. Ech weess, et ass e kriddelegt  
Theema: Autorisatioun vum Ëmweltministère.

*(Interruption)*

Mee hei war et op d'mannst ganz schnell geléist an et  
war op eemol – oh Wunder! – eng Autorisatioun do.  
Mir waren awer elo emol déi Schmuebele besichen –  
bon, Déiereschutzpartei –, et ass awer keng do!

*(M. Marc Goergen montre une photo.)*

Dat heescht, déi ganz Moosnam huet a sech nach  
net vill bruecht. An ech mengen, all Biolog seet Iech  
och, dass déi Schmuebelen net einfach esou hi-  
ren Terrain wäerten änneren. Bon, dat war einfach  
schéin a gutt, fir eng Kéier eng schéi Pressematdee-  
lung erauszeschécken, dass een esou en hëlzenen  
Tiermche mat e bësse Solar gebaut huet, mee et  
huet awer näischt bruecht. D'Schmuebele sinn trotz-  
dem net gerett ginn. D'Autorisatioun war awer ganz  
schnell do!

Deementspriechend wäerte mir Piraten dee Projet  
haut net matstëmmen. Et ass awer een interessante  
Punkt dran. Dat ass, dass Der gesot hutt, dass Dealer  
vun der aler Gare erhalte bleiwen an dass déi sollten  
op Péiteng an den Eisebunnsmusée kommen. Hutt

Der do schonn Detailer, wéi Der dat wëllt gestalten? Also ech hätt jo am léifsten déi ganz Gare erhalen. Elo kréie mer kleng Deeler op Péiteng, dat ass e flotten Zoufall.

Mee hutt Der do schonn Informatiounen, wéi dat herno soll ausgesinn a wat do op Péiteng an den Eisebunnsmusée wäert kommen? Well dat ass e ganz interessante Projet, a grad, wann een de Patrimoine – bon, en ass elo scho fort –, mee de Patrimoine do kéint op d'mannst e bësse fir d'Nowelt rekonstruieren. Wéi gesot, dat ass eng Gare, déi hat elo 160 Joer. Si ass 1862 gebaut ginn, huet zwee Weltkriecher iwwerstanen. Bon, d'Baggeren huet se elo net iwwerlieft!

Dat ass immens schued. Dofir wäerte mir Piraten dergéint stëmmen. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, den Här François Bausch.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** | Merci, Här President, fir d'Wuert an och merci allen Deputéierte fir hir Interventiounen. Och merci der Madamm Rapportrice fir hire Rapport, an natierlech och fir déi awer breet Zoustëmmung, déi de Projet wäert kréien.

Ech wëll fir d'éischt dem Här Kaes soen – den Datum –: Mir haten dee ganzen Timing an der Kommissioun elo den 3. März eng Kéier presentéiert. Dir kënnt Iech vläicht net méi erënneren, mee mir haten den Datum gesot. Also, alles komplett ass fäerdeg, mat deem neie Bâtiment voyageurs a mat der Jugendherberg, 2030, also de komplette Projet, dat sinn: Strooss, Schinn ... alles, wat muss gebaut ginn.

An dann zu der Fro vum Park&Ride Ierpeldeng. Deen ass och virgesinn. Ëm deem nämmelechen Zäitraum soll dee gebaut sinn. Mir musse jo natierlech do och fir d'éischt emol eng Opfaart baue respektiv den Halt nach bauen, soudatt dat en änlechen Horizont soll kréien; vläicht souguer e bësse méi spéit éischter.

Da wollt ech just nach ofschléissend awer e puer Wuert soen zu där Fro vun der Gare. Fir d'éischt emol wollt ech dem Här Goergen soen: Et ass net richtig, wat e seet, datt de Patrimoine ... respektiv ob dat neit Gebai do steet oder dat aalt ofgerappt gëtt, datt dat eng Saach vu „schéin“ ass. Patrimoine schützen huet äischt dermat ze dinn, ob een e Gebai schéi fënn! Mee de Patrimoine schützen, do spille vill Saache mat: historiesch Dimensiounen an esou weider an esou virun.

Dat heescht, et ass duerchweegs méiglech, fir dat Gebai, wat mir elo hei bauen, dat neit, datt an 100 Joer eng Kéier ee seet: „Ech fannen, dat dote muss protegéiert ginn, well dat ass en eemolegt Gebai vun engem eemoleger Architektur aus där Zäit.“ Wéi gesot, duerfir, kommt, mir geheien d'Saachen net duerjernen! Et geet net ëm schéin oder net schéin. Et geet drëms, en Equiliber ze fannen natierlech tëschent der Sauvegarde vun historieschem Patrimoine, Gebaier, déi schützenswäert sinn, déi vläicht eng besonnesch Architektur fir déi Zäit haten an esou weider, also en Zeie vun där Zäit waren. Also: Vill Facettë spille mat.

Ech wëll awer nach eng Kéier soen, datt déi Konklusioun ni gezu ginn ass, datt dat heiten, dat Gebai, deementspriedend esou schützenswäert wär, datt een et net kéint ofrappen. Dat war jo scho viru menger Zäit, wéi dat decidéiert ginn ass, mee ech fannen et awer richtig! Ech fannen dat och eng richtig Decisioun.

Et ass och esou: Et gëtt zwee Argumenter, firwat een dat Gebai muss ofrappen. Dat eent ass, datt et ni klasséiert ginn ass an datt et net als dat empfonnt ginn ass. An dat Zweet ass: Wa mer dat net ofrappen, dann ass dee ganze Projet do net machbar, esou wéi en do gebaut gëtt. Ganz einfach! A mir kënnen et och net réckelen no uewen oder no ënnen. Dat bréngt och näischt, dat geet och net duer. Mir mussen et ganz ofrappen. Mir kënnen et net op enger anerer Plaz opriichten, soss hënnert et an der ganzer Entwécklung vun deem Projet. Donc: Et huet kee Wäert, iwwer Saachen ze diskutieren, déi mer net wëllen diskutieren.

Da bleift déi Fro, mir hu verschidden Elementer ... Mir hunn d'Marquisen, déi komme jo an de Fond de Gras stoen. D'Steng ginn op d'Säit geluecht. Mir hu gesot – also net mir, d'CFL soten –: „Mir ginn engem déi Steng, dee se da wëllt huelen an eppes anescht domadder maachen.“ Wat ni a Fro kouw fir d'CFL, dat ass fir ze soen: „Mir huelen dat dote Gebai elo a mir montéieren dat of an da montéiere mer dat 100 % eent zu eent enzwousch anescht erëm op.“

Ech wëll Iech och soen, datt dat vum denkmalschützeresche Standpunkt hier méi wéi diskutabel ass. Ech mengen net, datt dat eng extra Valeur hätt, wann een dat géif maachen. Et kann een dat awer natierlech maachen, wann een dorunner hânt gefillsméisseg – kee Problem. Mee, wéi gesot: Mir hunn dat awer esou gemaach, wéi et, mengen ech, awer richtig war.

An dann dee leschte Punkt: Dat ass mat der Autorisatioun wéinst deene sougenannte „Schmuebel-Kompensatiounsmesuren“. Ech wëll Iech just soen: D'Kompensatiounsmesurë waren den hallwe Januar gemaach! An d'Autorisatioun ass komm déi lescht Woch März! Wann een dat kuerz fënn, wann alles gemaach ass den hallwe Januar an d'Autorisatioun kënnt Enn März ..., ech fannen dat net onbedéngt kuerz. Ech sinn allefalls frou, datt mer se kritt hunn dunn, well wa mer se net kritt hätten, dann hätt de Projet doduerjer aacht Méint Verspéidung kritt. Ech mengen, da wäre mer all net frou gewiescht.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, dem Här Mobilitéitsminister François Bausch. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7939. Den Text steet am Document parlementaire 7939<sup>e</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7939 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da komme mer zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7939 ass da mat 54 Jo-Stëmmen géint 6 Nee-Stëmmen uegoholl.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Georges Mischo), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloeser, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch

(par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Marque et Mme Jessie Thill ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 5. 7970 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du développement de logements du projet « An der Schmëtt »

Mir kommen elo zum Projet de loi 7970 iwwert d'Finanzéierung vum Wunnprojet „An der Schmëtt“. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vun deem Projet de loi, déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova.

#### Rapport de la Commission du Logement

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Här Minister, Léif Kolleginnen a Kolleegen, ech stellen Iech haut e weidere Gesetzesprojet vir, deen zu der Entwécklung vum Wunnengsbau wäert bäidroen. Dese Projet ass, historiesch gesinn, e bësse méi speziell wéi déi aner Finanzéierungsprojeten. Ech erlabe mer och, op deser Plaz ze soen, datt mer mat deem Projet e Knet wäerte léisen.

Ech hat Iech am November de Gesetzesprojet presentéiert, wou de Fonds du logement de Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall iwwerholl huet, fir et kënnen nei ze entwéckelen. Als kleng Rapport: Hei hat e Promoteur am Fong an den 80er-Joren eng Cité gebaut fir eng Cité universitaire. Leider ass déi Uni ni op Lëtzebuerg komm an de Promoteur ass faillite gaangen.

Déi ugrenzend Gemenge wollte sech de Projet u sech net uneegen, fir sech net d'Fangeren domadder ze verbrennen. Fir des Situatioun ze léisen, hat de Staat 1998 de Fonds d'assainissement an d'Liewe geruff an der Hoffnung, datt et kéint klappen. De Fonds huet Stéck fir Stéck d'Terrainen opkaaft, mam Zil, et ze entwéckelen, a gläichzäiteg gouf och dee Moment zesumme mat der Gemeng e PAP ausgeschafft.

Dat gesot, kommen ech dann zrëck op de Projet vun haut.

Et handelt sech hei ëm de Finanzéierungsprojet „An der Schmëtt“ mat der Nummer 7970, deen dem Staat et wäert erlaben, bezuelbare Wunnraum ze finanzéieren an ze bauen. De Bauhär ass hei den ëffentleche Promoteur Fonds du logement, deen zu Wecker an der Gemeng Biwer wäert bauen.

De Projet gesäit de Bau vu ganzer 164 Wunnengen, also Wunneenheeten, vir, déi bis 2028 alleguerste solle fäerdeg sinn. An déi éischt kënne schonn 2024 respektiv 2025 fäerdeg gebaut ginn an enger éischter Phas an d'Leit kënne schonn eraplännen.

E puer Wuert zu de finanziellen Aspekter. De staatleche Bäitrag fir d'Entwécklung vum Logement fir de Projet „An der Schmëtt“ beleef sech am Ganzen op 113 Milliounen, also 113 Milliounen an e bësse driwwer. D'Investissementer gesinn u sech vir, fir weider



Terrainen opzekafen, Infrastrukturen opzebauen, an de Bau vum Logement selwer natierlech. Wéi gesot, de ganze Montant ass 113 Milliounen. Dovunner si 5 Milliounen an e puer Zerquetschter als Subventiounen virgesinn an de Rescht gëtt op 108 Milliounen opgeronnt.

Am Hibleck op den Ëmfang vum ganze Projet ass dat hei de finanzielle Besoin an déi 108 Milliounen wäerten esou opgesplitt ginn, datt de Fonds du logement kann ee Prêt oder e puer Prêten ophuelen, dat Ganzt mam Zil, fir u sech vu méi bëllegen a bessere Konditiounen kënnen ze profitéieren. De Fonds du logement muss och all d'Käschten droen, déi mat de Prête verbundene sinn.

De Projet gëtt an e puer Phasen duerchgefouert. Eng éischte Phas besteet am Fong am Schafe vun den Infrastrukturen. A ganz wichteg ass vläicht hei ze betounen, datt wäerten d'Ofwaasser an d'Reewaasser vunenee getrennt sinn. An enger zweeter Phas an an enger drëtter Phas gëtt natierlech d'Entwécklung vun der reeller Bausubstanz gemaach, andeems am nördlechen Deel vum Quartier 93 Logementer entstinn an am südlechen Deel vum Quartier 69 Logementer.

Ënnert der Gestiou vum der Gemeng Biwer gëtt zwëschen der Phas 1 an 2 de Bau vun der Renaturalisatioun... – wann een hei steet, kann een et ni richtig ausschwätzen –, „Renaturalisatioun“ vun der Sir duerchgefouert.

*(Interruptions diverses)*

„Renaturéierung“ ass am Fong méi einfach.

*(Hilarité)*

Merci. D'nächst Kéier huelen ech dat anert Wuert.

Mat dësem Projet entsteet hei e ganz neie Quartier mat engem ländleche Charakter, deen direkt am Aklang mat der Sir a mat hirem Ëmfeld gebaut gëtt.

De Projet ass och ganz gutt un den ëffentlechen Transport ugebonnen, natierlech mat der Gare Wecker, awer och mat Buslinnen. Am Quartier selwer ass och Verkéiersberouegung virgesinn. D'Foussgänger an d'Velosfuerer stinn hei am Mëttelpunkt. Weider ass e Mobilité-douce-Korridor virgesinn am Zentrum vum Projet, wat domadder der Sir déi néideg Plaz gëtt an och déi zwee Quartiere matenee ka verbannen.

Am Kader vum Planungsprozess vum Projet, deemools wéi de Fonds Syrdall dat nach hat, hate mer en éischte PAP, deen u sech 103 Wunnengen virgesinn hat. Am am Gespräch mat der Gemeng konnt een d'Dicht vun deem Ganzen och eropsetzen. Dofir begrëisse mer, datt 2020 den neie PAP ganzer 147 Wunnengen virgesäit.

Déi Zuel passt net richtig zu deem, wat ech virdu gesot hunn. Ech erkläre Iech och, firwat: well d'Gemeng decidéiert huet, och hei integréiert Wunnengen matanzeplangen. Ech wëll dat extra betounen, well et ass en neit Konzept, dat mer hei zu Lëtzebuerg am Fong entdecken, wat et scho méi laang an Däitschland gëtt. Mee integréiert Wunnengen, dat sinn déi sougenannt, also besser bekannt vläicht ënner „Einliegerwohnungen“ an Däitschland. An domadder hätte mer 98 Eefamilljenhaiser, 26 Bifamilialen an 23 kollektiv Wunnengen, also Wunnebaier.

Dobäi ass et och vläicht wichteg, hei op dëser Plaz ze soen, datt 75 % vun deem Ganze wäerten an d'Location abordable goen a 25 % an d'Vente abordable.

Privat Parkplaze si gruppéiert a ginn a Form vu Carporten an den Entrée vum de Quartiere geplangt. Ëffentlech Parkplazen, also fir d'Non-résidenten, sinn einfach an der Strooss virgesinn.

De Projet ass an dat natierlecht Ëmfeld integréiert a respektéiert d'Fauna, d'Flora, d'Biotopen, déi sur place sinn. An déi ökologesch Strukturen an déi natierlech

Topografie vum Site, wat och e ganz wichtegen Aspekt ass, ginn esou gutt wéi et nëmme geet erhalen.

E Maximum u permeabelen, dat heescht waasserduerchlässeg Fläche gi geschafen, déi et erméiglechen, Vegetatioun mat héijem ökologesche Wäert opzebauen. Fir de Reamenagement vun de Gréngflächen wäert komplett mat lokaler Vegetatioun geplanz ginn an esou wäert dat Ganzt och eng besser Liewensqualität bidden. Mee ech mengen allgemeng, wann ee méi Gréngflächen an engem Quartier huet, klëmmt d'Liewensqualität an deem Quartier selwer schonn eleng doduerjer.

De Projet gesäit d'Renaturéierung vun der Sir vir, wat e weidere Wee ass, fir d'Biodiversitéit ze erhalen an och ze fërderen. De Bau vun de Logementer entsprécht natierlech och de LENOZ-Krittären, dat ass eis Lëtzebuerger Nohaltegkeetszertifizéierung. An an deem Sënn wiere mer hei duebel nohalte, engersäits nohalte, wat de Bau ugeet, an anersäits si mer natierlech nohalte, well déi Wunnengen, déi gebaut wäerte ginn, an der ëffentlecher Hand wäerte bleiwen.

Wann ee scho vun Nohaltegkeet schwätzt, kann een och e Wuert iwwer d'Energiekonzept verléieren. An hei ass et interessant, well mir wäerte ganz fossil-onofhängeg sinn a mir wäerte mat Loft-Loft-Wärmepompe fieren. Fir déi, déi vläicht e bësse méi spezialiséiert doranner sinn, dat si Geräter, déi u sech just mat Strom bedriewe ginn. A fir dat och ze kompenséieren a fir datt de Quartier och neutral gëtt, wat d'Energie ugeet an den CO<sub>2</sub>, hu mer och Fotovoltaikinstallatiounen virgesinn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng), rapportrice | Ech kommen domadder kuerz zu deene verschiddenen Avisen.

A sengem Avis vum 10. Mee vun 2022 huet de Staatsrot am Fong guer keng weider Bemierkunge gemaach.

An hirem Avis vum 6. Abrëll 2022 begrëisst d'Chambre de Commerce natierlech dëse Projet. Si bedauert awer, datt et just méi laang dauert, bis dat Ganzt realiséiert gëtt. An domadder gëtt se am Fong den Tipp mat op de Wee, datt ee sollt méi op extern an onofhängeg Déngschtleeschungen zréckgräifen.

Zu deem Zäitpunkt, wou d'Chamberskommissioun de Rapport votéiert huet, hate mer keng weider Avisa virleien.

Kuerz zu den Aarbechte vun der Chamberskommissioun: D'Gesetz ass de 24. Februar vum Logementsminister deponéiert ginn. Den 3. Mäerz gouf d'Chamberskommissioun domadder saisiert. De Logementsminister huet eis Deputéierten den 1. Mäerz de ganze Projet presentéiert. An den 19. Mee hu mir an der Logementskommissioun den Avis vum Staatsrot analyséiert an och de Rapport ugehall.

Fir méi Detailler verweisen ech op dëser Plaz op mä schrëftleche Rapport. An ech wëll all deene Merci soen, déi hei matgewierkt hunn. Ech mengen, et huet ee missen e laangen Otem hunn. An ech hoffen an ech mengen an ech sinn iwwerzeegt, datt et sech wäert lounen.

Dat alles gesot, ginn ech den Accord vu menger grénger Fraktioun an hoffen op eng breet Zoustëmmung vun Iech heibannen. Merci villmools!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Semiray Ahmedova.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Lies ageschriwwen.

## Discussion générale

**M. Marc Lies** (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëlt virop der Rapportrice, dem Semiray Ahmedova, en décke Merci soe fir dëse Rapport, dee ganz ausféierlech an detailléiert wor. An duerfir him e Merci, fir dat presentéiert ze hunn.

Ech mengen, dëse Projet vun der Cité Syrdall – bon, elo mam neie Gesetz „An der Schmétt“, wéi de PAP dann heescht – ass e Projet respektiv e Quartier, deen, wat d'Problematik ronderëm dëse Quartier ugeet, e ganz, ganz laange Baart huet, ech mengen, zemools fir déi Leit, déi am Oste wunnen. Als Kand sinn ech des Ëfteren och iwwer Wecker, Biwer, Manternach bis a Richtung Oste vum Land gefuer an hunn och matkritt, wéi effektiv déi Cité hei entstanen ass a wéi och d'Leit do gewunnt hunn, an awer och matkritt, wéi déi Cité iwwer d'Joren delabréiert ass a wéi effektiv dee ganze Quartier komplett verkomm ass. Bon, ech mengen, do kann ee roueg soen, datt iwwer Joren, Joerzéngegen dësen Eck hei an der Gemeng Biwer, also zu Wecker, e richtige Schandfleck wor. An duerfir ass et wichteg, datt och deemno heiru geschafft ginn ass.

Entschëllege wëilt ech haut de Mëtten awer de Max Hengel, de Max, deen eigentlech och als Ostdeputéierten zu dësem Projet hei sollt schwätzen. Léiwe Max, léiwe Frënd: Courage! Versuerg dech! Kuck, dass de nees schnell op d'Bee kënns an dass de nees schnellstméiglech bei eis bass!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Lies** (CSV) | Voilà!

Duerfir, wat d'Cité Syrdall ugeet, mengen ech, sinn, wéi d'Rapportrice och gesot huet, am Joer 1998 mam Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall d'Jalone gesat ginn. Bon, ech mengen, do kann ee roueg vu laangem Baart schwätzen: 1998, dat ass effektiv schonn eng Zäitchen hier, mee wou awer äifreg dru geschafft ginn ass vun deenen zwou Gemengen, dat heescht der Gemeng Biwer an der Gemeng Manternach, fir effektiv dann d'Grenzen zwëschen deenen zwou Gemengen, vu datt d'Cité Syrdall eigentlech iwwer den Territoire vun zwou Gemengen gelaf ass, fir finalement déi Grenzen do ze verleeën, soudatt elo alles um Territoire vun der Gemeng Biwer ass.

Wat och wichteg ass, wat d'Planifikatioun ugeet: d'PAG an natierlech och déi diesbezüglich PAPen, fir eng Cité, déi ronn 5,5 Hektar huet, wou an deene kommende Joren 165 Wunnengen kënne geschafft ginn, wou an Zukunft da ronn 380 Leit kënne wunnen.

Wat d'Finanzéierung ugeet, dat hat d'Rapportrice gesot: ronn 113 oder 108 Milliounen wäert dee ganze Projet kaschten. Wann een dat eng Kéier héich-rechent, da ginn déi Wunnengen natierlech am Schnëtt, wann een et rechent, relativ deier. Vu datt awer relativ vill Haiser do sinn, mengen ech, kann een dat awer trotzdem zu engem gewëssenen Deel justifiéieren, well nämlech 85 % Haiser wäerten ëmgesat ginn a 15 % Appartemeneter.

Den Taux vun der Locatioun, dee läit bei ronn 75 %. Wat d'Vente abordable respektiv déi à coûts modérés ugeet, dat läit dann och bei 25 %. Bon, Här Minister, wat d'CSV-Fraktioun an der Vergaangenheet schonn ëmmer gesot huet: Bei esou Projeten, do soll ee wierklech op d'Mixitéit oppassen. A wéi gesot, wat den Taux vun der Mixitéit ugeet, wat d'Locatioun an awer och d'Vente ugeet, do kéint een definitiv nach e bëssen dru schaffen. Ech weess, datt eng sëllege Mietwunnenge gesicht ginn.

D'CSV hat 2019 eng Proposition de loi agereecht, wou et ëm de Mietkaf gaangen ass. Ech weess net, ob mer

nach an dëser Sessioun iwwert dës Proposition de loi hei an der Chamber kënnen diskutéieren an debatéieren. Déi Proposition, déi läit um Dësch, wou d'CSV dann effektiv dee Projet vun enger Location avec option d'achat virgeluecht huet, dee sécherlech och eng flott Integratioun heira kéint schafen.

Awer ech ee kleng Bemoll zu dësem Projet. Ben, ech mengen, natierlech gëtt et an Zukunft een nohaltege Projet, et gëtt eng ekologesch Cité, déi wäert ëmgesat ginn. Et ass och wichteg, datt d'Sir op dëser Plaz renaturéiert gëtt. Ben, ech mengen, d'lescht Joer déi Iwwerschwemmungen, och d'Cité Syrdall huet dat materielle. Duerfir ass et wichteg, datt eng adequat Adaptatioun, Renaturéierung vun der Sir gemaach gëtt. Ee gewëssene Bemoll ass awer elo ze detektéieren mat deenen Aarbechten, déi schonn ugefaangen hunn: datt am Kader vun dësen Aarbechte vun der Renaturéierung vun der Sir do awer elo eng Rei vu Biotopen, déi zanter Joerzéngten, Joerhonnerten entstane sinn, zerstéiert gi sinn.

Momentan gesäit ee leider och doudeg Fësch an der Sir, et gesäit ee Beem, déi ëmgefall sinn, soudatt awer ee relativ groussen Agrëff an den Ökosystem vun der Sir ënnerholl ginn ass, wat bedauerlech ass. Och hei huet sech ee Piechter zu Wuert gemellt an deene leschte Wochen, Méint – warscheinlech scho Joren – mat de Suergen ëm d'Fëscherei an der Sir. An ech mengen, do sollt awer och d'Regierung kucken, fir deem Ëmstand da Rechnung ze droen.

Een anere Punkt ass dee vum ëffentlechen Transport, deen ass ugeschwat ginn. Natierlech ass d'Gare zu Wecker an déi huet eng gutt Ubannung a Richtung Stad an awer och a Richtung Waasserbëlleg. Wichteg wär awer och, an dat ass eng Demande, déi d'CSV-Fraktioun iwwert déi lescht Méint a Joren ëmmer gestallt huet, datt d'Ubannung un den ëffentlechen Transport awer och fir d'Nopeschgemengen an -dierfer hei muss assuréiert sinn, fir dann op d'Gare zu Wecker ze kommen.

De Minister Bausch huet dat virun e puer Deeg zu Gréiwemaacher bei der Presentatioun vum Nationale Mobilitéitsplang 2035 och gesot, soudatt mer effektiv dann awer och als CSV-Fraktioun an de kommende Joren hoffen, datt eeben d'Uertschafte ronderëm besser un den ëffentlechen Transport wäerten ugebonne sinn.

An deem Sënn soen ech Iech Merci fir d'Nolauschten a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Lies. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum (DP)** | Merci fir d'Wuert, Här Präsident. Aus der „Cité Syrdall“ gëtt de Projet „An der Schmëtt“. Ech war déi lescht Joren zweemol mam Biwer Buergermeeschter, mam Marc Lentz, op der Plaz. Ech mengen, déi, déi de Projet a sengem jëtzege Zoustand – bon, et ass zwar elo vill ofgerappt ginn – kannt hunn, déi konnten nëmme feststellen, dass dat do wierklech säit Joerzéngten dem Verfall iwwerlooss ginn ass. An ech muss soen, déi restlech Leit, déi do gewunnt hunn, déi hunn een net grad ganz frëndlech empfaangen, wann een dohinnerkomm ass! Ech wëll dat elo emol hei esou soen.

An ech hunn et d'leschte Kéier gesot, wéi mer am Dezember schonn de Projet hei eng Kéier virgestallt kruten, dass mer wierklech hei am Oste mat deem Projet, dee mer elo maachen, definitiv elo e Schandfleck – a mäi Virriedner huet et gesot: „e Schandfleck“ – hei am Land besäitegen an doraus en, mengen ech, awer ganz interessanten, e ganz flotte Projet maachen. An ech

wëll soen, dass effektiv déi Aarbechten, fir dat do ze iwwerhuelen, zäitweilg ..., dat huet jo bal 30 Joer gedauert, an endlech si mer elo wierklech, mengen ech, awer op der gewonnener Säit.

Mir kréien hei e flotte Projet, e Projet, dee gutt vernetzt ass. Et ass virdru gesot ginn: D'Gare zu Wecker ass net wäit, d'Autobunn ass och net wäit. Et ass och eppes virgesinn effektiv fir d'Mobilitéé douce an der Gemeng Biwer. Dat do läit jo quasi tëschent der Gemeng Biwer an der Gemeng Manternach. Et ass e moderne Projet, en nohaltege Projet, wat ech immens begrëissen.

A wat mer wierklech am beschte gefält, dat ass awer, dass och e groussen Deel vun de Wunnengen hei an d'Locatioun geet. Mir wësse jo, dass d'Locatioun vun deene Wunnengen, déi a staatlecher Hand sinn, dass dat am Moment nach e grouse Problem ass, dass mer der do net genuch hunn, dass dat eppes ass, wou mer musse weider dru schaffen, dass mer méi Mietwunnenge kënnen op de Marché bréngen, déi an der ëffentlecher Hand awer bleiwen. An ech mengen, dass mer heimat en éischte Schrëtt maachen.

Déi Leit, déi s de uschwätz, déi e bësse kënneg sinn an der Géigend vun der Cité Syrdall, déi kënnen just nach de Kapp rëselen, well se och net verstinn, dass d'Politik esou laang gebraucht huet, fir effektiv elo do aktiv ze ginn an eppes Flottes ze maachen. Menger Meinung no gëtt dat heiten eng Opwärtung vum Site. Et gëtt eng Opwärtung och vun der Gemeng Biwer an et gëtt doudsécher eng Opwärtung fir déi ganz Region.

Dofir kann ech och elo hei scho soen, dass d'DP-Fraktioun dee Projet hei wäert stëmmen. Net awer ouni der Rapportrice Merci ze soe fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

An ech wëll soen, dass hei eng Rei Ministeren dru geschafft hunn. De Minister Marc Hansen – et ass Zoufall, dass en elo hei ass – ass am Fong deen, deen dee Projet do wierklech lassgekappt huet, fir dass et soll wierklech virugoen. D'Madamm Tanson huet dru geschafft. An Dir, Här Kox, ech soen Iech do e ganz, ganz grouse Merci, dass Dir wierklech elo an der Lag sidd, hei dee Projet à bon port ze bréngen an ze finaliséieren.

Et gëtt net nëmme grouss Projeten am Wunnengsbau – et gëtt déi Projeten, déi Der kennt: de Projet zu Diddeleng, de Projet zu Wolz –, et gëtt och eng ganz Rei kleng Projeten an anere Gemengen. An och déi sinn extreem, extreem wichteg an extreem, extreem interessant.

Ech hat elo d'Freed, den Här Minister Henri Kox ganz kierzlech zweemol an engem ganz kuerzen Ofstand an der Gemeng Jonglënster op Besuch ze hunn, eng Kéier zu Gonnereng, wou de Fonds du logement 28 Haiser baut, an eng Kéier zu Jonglënster, wou d'Gemeng – ech mengen, dat ass interessant – op hiren Terrain sur fonds propres Haiser baut, déi se an de Verkaf gëtt.

Wichteg ass heibäi ze soen, dass déi Terrainen natierlech op Emphyteos de Leit zur Verfügung gestallt ginn. An et dierf een natierlech net scho Proprietär vun enger Wunneng sinn, fir hei kënnen an de Genoss ze komme vun engem Haus respektiv engem Appartement. A wann een dat wëllt verkafen, da fält dat automatesch un d'Gemeng zréck, soudass déi Spekulation, déi awer um Marché dobaussen ass, kann ënnerbonne ginn.

Den Här Minister Henri Kox weess, dass a menger Gemeng nach e Projet an der leschter Ligne droite ass, wou ech hoffen, dass mer och ganz, ganz geschwë kënnen zesummekommen. Dat ass de Projet vum ale

Klouschter zu Eesebuer. Do entsti 14 Wunnengen, alle 14 am Locatiff, wëll ech soen. Do gëtt de Patrimoine net nëmme erhalen, de Patrimoine gëtt restauréiert! A mir bidde wierklech Leit mat kleng Portmonnien d'Méiglechkeet, fir iwwert de Fonds du logement hei un eng Wunneng ze kommen.

An ech mengen, Här Minister, wann Der deen Dag an d'Gemeng Jonglënster kommt, da suergen ech derfir, dass mer en extrae Platto Schnittercher hunn. Well Dir wësst, dat do ass e Projet, deen ech säit iwwer 20 Joer begleeden a menger Funktioun och am Schäfferot. An ech si frou, mir ware jo och mat der Madamm Tanson op der Plaz, ech si frou, dass mer elo effektiv do geschwënn à bon port kommen.

Ceci étant dit, eng Punktlandung. Mir stëmmen dëse Projet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Baum. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Merci, Här President. Merci och der Rapportrice fir hire Rapport. Dozou ass weider näischt ze soen. Selbstverständlech verdéngt dee Rapport do d'ënnerstëtzung vun der LSAP-Fraktioun, esou wéi all Projeten, déi neien abordabelen, bezuelbare Wunnraum schafen. Mir wënschen eis där méi, vill méi där Projeten an Zukunft!

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Ganz vill!

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | An ech soen Iech Merci dofir a mir stëmmen dat.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Cruchten. An dann ass et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, ech mengen, den Här Cruchten huet et fäerdegbruecht, a weéne Sätz alles ze soen, wat wichteg ass, nodeem d'Madamm Ahmedova eis eng wonnerbar Presentatioun vum Projet gemaach huet. Dofir hir villmools merci! Mir begrëissen dat selbstverständlech och, aus all deene Grënn, déi genannt goufen.

Mee mir sollen awer och zwee Begrëffer net vergiesen, déi och haut gesot goufen an déi, mengen ech, awer e Licht op eist Land werfen, wat mer eigentlech net wëllen. Deen éischte Begrëff ass: „30 Joer“. 30 Joer huet dat gedauert! An ech mengen, dat soll eis awer och all interpelléieren, datt mer eis mussen iwwerleeën: Wéi aktiv gi mer, wa mer e Mëssstand gesinn? Wéi sinn eis Prozeduren? Wéi laang brauche mer?

An deen zweete Begrëff ass dee vum „Schandfleck“ a vun enger Revalorisatioun vun der Gemeng, déi elo geschitt. Ech mengen, déi zwee hänken zesummen. Mee et soll eis awer wierklech alleguer inspiréieren, wa mer iergendwou gesinn an eise Gemengen, an eise Géigenden, wou mer wunnen, datt mer esou en Zoustand hu vun engem Quartier, dee verkënn, a vu Besoinen, déi existéieren, datt mer net 30 Joer waarden, mee datt mer direkt aktiv ginn.

An deem Sënn, fir eebe méi Wunnraum ze kréien, wéi et richteg ënnerstrach ginn ass, an deem Sënn ënnerstëtze mir dat hei natierlech och ganz gär. Villmools merci!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

*(Interruption par M. Fernand Kartheiser)*

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Merci, Här President. Wéi ëmmer, wann de Staat selwer Wunnenge baut op Terrainen, déi dem Staat och selwer



gehéieren, ënnerstëtze mir dat. A mir stëmmen dat Gesetz hei natierlech och deemtsprechend mat.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | De Rhythmus, mat deem ëffentlech Bauprojekte fir abordabel Wunnengen op de Wee bruecht ginn, an d'Dauer, déi fir de Bau vu Wunnenge virgesinn ass, ginn awer net duer, fir géint d'Penurie vun abordablem Wunraum virzegoen. Dat ass rezent ëmmer erëm méi wéi evident ginn, wéi déi zwee ëffentlech Promoteuren, de Fonds du logement an och d'SNHBM, hir Bilan virgestallt hunn.

D'Zuele vun de Leit op de Waardelëschte sinn esou laang, dass déi aktuell am Bau an an der Planung befandlech Projeten emol net duerginn, fir all dës Leit ze logéieren! Besonnesch wann ee bedenkt, dass éischters ëmmer méi Leit sech mellen, fir eng abordable Wunneng ze kréien, eppes wat mat der Werbecampagne vum Logementsministère, déi de Leit elo e Paradigmewissel an eng Offensiv am Wunnengsbau virgault, sécher nach méi akut wäert ginn. An zweetens, an Zukunft wäert d'Hallschent vun der Bevëlkerung d'Méiglechkeet kréien, sech – zumindest emol – fir eng abordable Locatiounswunneng kënnen ze mellen, well d'Akommeskrittären no uewen ugepasst ginn.

Dat ass e logesche Schrëtt, well d'Präisser um Privatmarché just nach fir déi zwee iewescht Quintillen an der Akommesverdeelung wierklech accessibel bleiwen. D'Grënn dovun kenne mer: den Derapage vun de Präisser iwwert déi lescht Joerzénge an d'Lénk, déi fir Kleng- a Mëttelverdénger stagnéieren oder och ze lues klammen. De Medianloun zu Lëtzebuerg geet a ville Fäll net méi duer, fir eng anstänneg Wunneng kënnen ze lounen, vum Kaf guer net ze schwätzen!

Fir där Urgence Rechnung ze droen an och Drock vun den ëffentleche Promoteuren ze huelen, déi an eisen Aen déi Logementskris do net mam Bau vun neie Wunnenge kënnen behiewen, missten och Mesuren ergraff ginn, déi de private Wunnengsmarché betreffen. Ugefaangen, éischters, bei der Mobiliséierung, dat hu mer hei scho ganz oft gesot, vun den eidele Wunnengen, déi oft muttwëlleg eidel stoe gelooss ginn aus Grënn vu Spekulation, an och, zweetens, der Notzung vu Bauterrainen, déi sech eegnen, fir modular Strukturen, déi séier op- an ofbaubar sinn a ganz gutt Wunnditioneuren awer och bidden, opze-richten.

Natierlech muss dofir och legiferéiert ginn. Mee mir denken, dass dat séier ka geschéien, méi séier op jidde Fall wéi d'Baudauer vun Dausenden neie Wunnengen.

Eng aner Mesure imposéiert sech doriwwer eraus: D'Loyere mussen erofgoen, fir esou och Drock vun de Locataire ze huelen, déi eigentlech um Privatmarché lounen kéinten, wann d'Loyeren net zum Deel onverschimmt héich wieren. Hei waarde mer och elo schonn iwwer ee Joer op Beweegung aus dem Logementsministère. Dat Gesetz, fir d'Loyeren ze reforméieren, muss an eisen Aen iewescht Prioritéit hunn. A mir erwaarden eis och, dass bei dësem Projet méi wéi just Kosmeetik erauskënnt an et zu strukturellen Ännerunge bei de maximal zoulässege Loyere kënnt.

Méi spezifesch zum virleiende Projet wéilt ech d'Fro vum Verhältnis tëschent Locatiounswunnengen a Wunnenge fir de Kaf opwerfen. Mir stelle fest, dass bei engem urbane Projet wéi „NeiSchmelz“ zu Diddeleng daitlech manner Locatiounswunnengen ageplangt si wéi elo zum Beispill hei bei deem heite Projet am ländleche Raum. Mir ginn dovunner aus, dass finanziell Iwwerleeungen do derhannertstiechen. Vu dass op enger Friche, wou rezent nach Industrie

drop stattfonnt huet, wéi zu Diddeleng, d'Amenagementskäschten, d'Depollitioun an och generell de Budget, deen an d'Terraine matafléisst, méi héich sinn, ginn d'Käschte pro gebaute Wunneng natierlech erop. Fir dëst ofzefiederer, gi méi Wunnenge fir de Kaf gebaut, fir déi eng manner grouss staatlech Bedeelegung am Gesetz virgesinn ass.

Zu Biwer ass den Terrain wuel och duerch d'Geschicht vum Site an de Modus, wéi de Fonds du logement un dës Terraine konnt kommen, méi bëlleg, soudass méi Locatiounswunnenge gebaut ginn.

Dëst ass awer e Problem, well et dat confirméiert, wat mir ëmmer erëm soen: Déi Leit mat klengem Revenu ginn a ländlech Regiounen gedréckt, während Leit, déi sech e Kaf kënnen leeschten an déi Optioun eeben och hunn, sech kënnen an urbane Gebidder usidelen. Dat ass eng Tendenz, déi um private Marché massiv present ass an déi souguer elo och d'Grenzregiounen scho matabezitt an déi de Staat och elo replizéiert.

Am Gesetzesprojet gëtt d'Mobilitéit dowéinst och ugefouert. An et gëtt gesot, dass eng Gare direkt derbäi ass, wat jo kloer gutt ass. Mee d'Konnexioun un aner Dierfer, Stied am Oste gestalt sech awer schwierig, wéi et och am Gesetzestext steet. Domat riskéiere mer e Phänomeen ze verstärken, wat d'Fransousen als „la mobilité subie“ bezeichnen, also vu Leit, déi deemno wéi gezwonge sinn, sech mam Auto oder iwwer on-méiglech laangwierig Weeër mam Bus ze deplacéieren, well se ongëschteg wunnen. Leit, déi dovunner concernéiert sinn, hunn am Reegelfall wéineg Budget a kënnen sech de Wunnuert net eraussichen a maachen dacks och keng Aarbecht, déi aus dem Teletravail eraus gemaach ka ginn.

Sozial Wunnenge mussen dowéinst an eisen Aen absolut prioritär an de Stied an an de Ballungsraum mat gudder Ubannung un Transport, Schoulen, Crèche, Geschäfte an ëffentlech Servicer gebaut ginn. Iwwert dee Wee kann een d'sozial Fro vum Wunnen an d'sozial Fro vun der Mobilitéit an dem Zougang zu Servicer an Aarbecht mateneen ugoen a wuessend Inegalitéiten an Exklusiounen un der Wuerzel upaken.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci der Madamm Ahmedova fir dee gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport. Mir Piraten stëmmen natierlech zou, well hei Leit mat klengem Revenu eng Wunneng kënnen fannen. Soumat ass dat ee gudden Projet.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wunnengsbauminister Henri Kox.

### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Jo, merci all de Virriedner. A fir d'éischt emol merci fir déi grouss Zoustëmmung. Ech mengen, dat ass ganz wichteg fir dee Projet hei, dass, jo, no enger laanger Zäit d'Cité Syrdall haut an deem neie Projet „Schmëtt“ dann nei Wunnengen, eng nei Destinatioun kritt. Eng gutt Destinatioun, dat ass ganz wichteg, an dass et eng ganz breet Zoustëmmung gëtt.

Zum Projet selwer wollt ech näischt méi soen, well d'Rapportrice wierklech ausféierlech war, d'Madamm Ahmedova, souwuel wat de schrëftleche wéi awer och de mëndleche Rapport haut de Mëtteg ubelaangt.

Et goufen awer eng ganz Rei Froen oder Remarque gemaach. Och do wollt ech net allze vill drop agoen. Ech

wëll awer op d'Längt nach eng Kéier agoen. An et ass den Zoufall, deen et hei ergëtt, dass den Deblockage eréischt vun der viregter Regierung gemaach ginn ass, ënnert dem Lead vum Här Hansen, fir ze soen, dass esou Projeten, wou de Staat oft muss asprangen ... Et ass net nëmmen hei, mee ech denken un Diddeleng, ech denken u Wolz an aner Friche, dass leider de Staat da muss agräifen, well virdrun eng Privatwirtschaft awer net richteg „en bon père de famille“ oder „mère de famille“ do d'Gestioun gemaach huet. Dat ass emol deblockéiert ginn.

Ech sinn och frou, dass dee Rhythmus – an dee virdrun monéiert ginn ass –, dass deen do ass, dee Rhythmus. Dir hutt elo net manner wéi 1,1 Milliarden Euro innerhalb vun, ech mengen, et sinn elo 14 Méint fir fënnf grouss Projet-d'enverguren hei gestëmmt. Dat ass net näischt! Da muss een och dee Bilan kucken, dee mer opzeweisen hunn. A mir hunn d'Geleeënheet, ech mengen, an zwou Wochen oder dräi Wochen – dat muss d'Conférence des Présidents nach bestëmmen –, da kënnen mer iwwert de Fonds spécial diskutéieren. Do hu mer Geleeënheet genuch, op all déi Froen, déi haut gestallt goufen, nach eng Kéier anzegoen.

Ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen: „Kleinvieh macht auch Mist.“ All déi kleng Projeten an deene sëllege Gemengen – an et sinn der genuch heibannen, déi ganz aktiv ënnerwee sinn –, déi sinn ze ënnerstëtzen, ginn och vum Ministère ënnerstëtzt. Zesumme mat deene grouse Projeten hu mer wierklech d'Relance gestart. Eleng déi fënnf grouss Projete sinn iwwer 6.000 Wunnengen. A 6.000 Wunnenge gedeelt duerch 10 Joer gi pro Joer 600 Wunnengen. Dat huet gefeelt an der Vergaangenheet an dofir si mer awer och lancéiert.

Wat d'Mixitéit ubelaangt – et gëtt vill monéiert iwwert d'Mixitéit –, do ass jo de Projet de loi iwwert de Logement abordable. Och do kréie mer d'Geleeënheet – an der Chamberskommissioun hu mer et scho gehat –, fir eng gesond Mixitéit a grouse Projeten ze maachen.

Dat wëllt awer soen, dass mer bei klengem Projeten natierlech d'Prioritéit op déi mussen leeën, déi am bedürftegste sinn an déi op där Waardelëscht do sinn. Och dat ass virdrun erwänt ginn. Dofir mussen mer dat parallel kucken. Mir mussen kucken, wou déi Sitte sinn a mir mussen eng gesond Mixitéit esou maachen, dass d'Integratioun, déi sozial Mixitéit, déi sozial Integratioun an dem Duerf, an der Stad kann novollzéierbar ginn.

Renaturéierung, vläicht e lescht Wuert: Jo, dat ass wichteg. Et ass e Projet vun der Gemeng, zesumme mat der Ëmwelt. Den Ëmweltministère, mengen ech, wäert och nach eng Kéier agoen op déi Reklamatiounen, déi do komm sinn. Et ass awer wichteg am ganzen Zesummenhang, well d'Renaturéierung vun der Sir ass och e wichtige Bestanddeel, well herno gëtt den ekologeschen Zoustand vill besser wéi en haut ass. Ech mengen, dorop wäerten d'Spezialisten nach eng Kéier zrëckkommen.

Alles an allem soen ech en décke Merci fir déi grouss Zoustëmmung an hoffen, dass mer dann nach weider esou Projeten hei kënnen stëmmen. Also: schéinen Nomënten nach!

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Logementsminister Henri Kox.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7970. Den Text steet am Document parlementaire 7970<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7970 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuracion. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi 7970 ass mat 60 Jo-Stëmme eestëmmegeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Georges Mischo), Serge Wilmes (par M. Jean-Paul Schaaf), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

**6. 7896 – Débat d'orientation sur le rapport d'activité de l'Ombudsman (2020)**

Mir hunn haut eng Orientéierungsdebatt iwwert de Rapport d'activité vum Ombudsman iwwert d'Joer 2020. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Als Éischt héiere mer d'Madamm Nathalie Oberweis als Rapportrice vun der Petitiounskommissioun, déi dës Orientéierungsdebatt ugefrot huet. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Pétitions**

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass mer eng Éier, dës Rapport vun der Ombudsman virzustellen. Et ass e Rapport, dee vun enger eminenter Wichtegkeet ass, well e vill iwwer eis Gesellschaft ausseet, eis institutionnell Relatiounen an och d'Relatiounen tëscht den Awunner an den Awunnerinnen an de jeeweilegen Institutiounen.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Dës Rapport kritt sécherlech net ëmmer genuch Opmierksamkeet, obwuel e ganz vill iwwer eis Gesellschaft an eist Zesummeliewen an eis Relatiounen, wéi gesot, mat den Institutiounen ausseet.

E Rapport, deem d'Luucht op eng Rei strukturell Dysfonctionnement geheet. Do, wou d'Administratiounen am Service vun de Bierger a Biergerinnen an den

Awunner an Awunnerinne solle sinn, ass dat dacks de Fall, mee net ëmmer. Den Ombudsman ass eng wichteg Institutioun, un déi d'Bierger sech kënne wenden, wa si sech vun enger Administratioun net gehéiert fillen.

An et si virun allem, Zitat: „Mënschen um Rand vun der Gesellschaft méi betraff wéi déi aner“, sou hat d'Mediatrice et während hirer Presentatioun vum Rapport an der Chamber gesot.

De Rapport seet och ganz vill iwwer eis gesellschaftlech Dysfonctionnement an Desequibleren aus. Déi Ausso vun der Ombudsman vu virdu confirméiert eis, dass mer e Problem hu mat struktureller Exklusioun zu Lëtzebuerg.

Da kënnt derbäi, dass de Rapport jo zum Joer 2020 ass, wou bedéngt duerch d'Pandemie d'Accessibilitéit vu verschiddene Services ageschränkt war. D'Digitalisatioun, déi duerch d'Pandemie jo nach eng Kéier méi gepusht gouf, huet verschiddene Leit d'Liewen net méi einfach gemaach, mee am Contraire: D'Ongläichheete beim Accès vun de Benotzer a Benotzerinne wieren duerch d'Digitalisatioun nach méi gewuess. Virun allem awer fir vulnerabel Benotzer wier den Accès zu éffentlechen Services net méi garantéiert gewiescht, bedauert d'Ombudsfra.

Ech mengen, dat ass eng ganz wichteg Konklusioun, déi mer aus dësem Rapport musse mathuelen, virun allem an Hisiicht op d'Debatt vun der Digitalisatioun, déi ëmmer méi op eis duerkënn.

Ech wëll kuerz op e puer Kapiteln an dësem Rapport agoen, déi besonnesch vulnerabel Leit – an ëm déi geet et jo och virun allem – betreffen.

Ee Kapitel ass d'Protection internationale. D'Ombudsfra, d'Ombudsman bedauert ganz laang Delaien, fir eng Decisioun gewuer ze ginn, opsäite vun den Demandeurs de protection internationale. An där Zäit, wéi Der wësst, hunn déi concernéiert Leit keng Informatiounen a befanne sech an enger extreem onsécherer Lag, wat hir Zukunft ugeet. Si kënnen hiert Liewen net opbauen, si kënnen sech schwéier integréieren a sech och net an d'Zukunft projezéieren. Dozou gouf gesot, dass d'Pandemie eng Ursaach wier, mee si ass sécherlech net ëmmer d'Ursach derfir gewiescht, well et virdu och schonn zum Deel de Fall war.

En anere Fall ass dee vun engem Demandeur de protection aus dem Sudan, wou de legalen Delai vun dem Examen vum Fall sechs Méint iwwerschratt hat – also vum Ministère aus. Net nëmme gouf d'Persoun net informéiert iwwert d'Grënn vum Dépassement vun deem legalen Delai, wéi et am Gesetz steet, mee och gouf hire Fall, an och aner Fäll, suspendéiert no dem Delai wéinst der politescher Situatioun an deem Land, am Sudan. An der Kommissioun gouf dozou gesot, dass de Fall immens komplex wier an dass keng Entscheedung konnt geholl gi wéinst der onstabiller Lag am Sudan.

D'Ombudsman stellt sech awer Froen, ob dat hei net e Prezedenzfall geschafen huet. An deem heite Fall huet eng Persoun, déi warscheinlech Recht op Schutz hat, Jore verluer an eeben och Recht op Schutz verluer a Joren, an deene si hätt kënnen hiert Liewe maachen an dat net konnt maachen.

D'Ombudsman regrettéiert des Weideren ënnerschiddlech Traitementen vu ganz änleche Fäll: ee Fall zum Beispill, wou d'Fra keng Protektioun krut an de Mann wuel, en anere Fall, wou bei zwee Bridder identesch Situatiounen waren, deen een d'Protektioun krut an deen aneren net. De Ministère sot dozou, dat wier, well d'Situatioun um Terrain sech geännert hätt. „Et bleift awer, dass d'Fakten déi selwecht sinn“, sou d'Ombudsman. D'Ombudsman kann dës fir si

onverständlech ënnerschiddlech Traitementen dann och net novollzéien.

D'Kommissioun ass op dës Fäll agaangen an et gouf gesot, dass d'Fra net kéint de Statut kréien an dass den Tribunal administratif dës Refus confirméiert hätt. Wat déi zwee Bridder ugeet, wieren d'Dossiere separat analyséiert ginn.

De Regroupement familial dann ass e wichtege Aspekt am Asylrecht fir de Geschützten, well et dem BPT, also dem Bénéficiaire de protection internationale, erlaabt, en Deel vu sengem Liewen zréckzekeréien. No dacks jorelaangem Waarde kann hien oder hatt endlech en Deel vu sengem Léifste bei sech komme loosse. D'Ombudsman bedauert dann och hei eng administrativ Rigiditéit, virun allem wat den Delai ugeet. Entre-temps ass den Delai jo vun dräi op sechs Méint eropgesat ginn, well et a ville Fäll quasi onméiglech war, d'Dokumenten erbäizekréien, fir esou eng Demande de regroupement familial ze maachen.

Ech géif gär op e puer Fäll agoen. Am Rapport konnt ee liese vu Refusen, wou u sech Fraen zum Zäitpunkt vum Bestietnis nach Mineureë waren, also manner wéi 18 Joer haten, dorënner ee Fall zum Beispill, wou eng Fra 17 Joer an 10 Méint hat, wéi se bestuet gouf. D'Ombudsman freet do, dass den „ordre public international“, deen als Argument fir de Refus gëllt, „de manière atténuée“ soll gëllen, well et jo net drëms geet, de Mariage ze feieren, mee e just unzeerkennen, a well et och net drëms geet, eng Fra, déi mineur ass, kommen ze loosse, mee eng Fra, déi entre-temps majeur ass.

Des Weideren erënnert d'Ombudsman drun, dass deemools, virun elo 14 Joer, och zu Lëtzebuerg d'Bestietnis ab 16 Joer erlaabt war. D'Ombudsman mécht also e Plädoyer derfir, den „ordre public international“ esou auszeleeën: Et sollt een den Ënnerscheed maachen dertëscht, e Mariage unzeerkennen, dee längst beschloss ass a wou d'Fra entre-temps majeur ass, an op där anerer Säit eeben, e Mariage ze feieren, wou d'Persoun mineur deen Ament ass. Do sollt een den Ënnerscheed maachen.

An der Kommissioun gouf dann zu deem Fall gesot, et géif ee sech drun halen, wat de Parquet seet, an dës kéint de Mariage eeben net unerkennen. Den MAE, also den Ausseministère, huet des Weidere säin Onverständnis dozou ausgedréckt. D'Ombudsman werft des Weideren d'Fro op, ob den Avis vum Parquet contrainant ass, deen de Ministère freet, wann et ëm e Regroupement familial mat enger Fra geet, déi zum Zäitpunkt vum Bestietnis mineur war.

Elo ass et esou, dass de Parquet entre-temps Avisen erausgëtt, déi Fäll positiv aviséieren, wann d'Fra eebe 16 Joer war zum Zäitpunkt vum Bestietnis, wat definitiv eng positiv Entwécklung ass. Déi aner Fäll géifen awer negativ aviséiert ginn, mee d'Fra kéint e Visa D ufroen aus perséinleche Grënn.

Dann zum Kapitel Logement, wat jo och e grousst Thema ass zu Lëtzebuerg. Lëtzebuerg hat laang an huet och haut nach e bësselchen esou en Image vun engem Schlaraffeland. Dat gëllt sécher och nach haut e bësselchen, mee ëmmer manner, an ëmmer méi dréngt dat Bild no bausse vun Ongläichheeten, déi wuessen, vu Prekaritéit an Aarmut, a virun allem och Aarmut vun de schaffende Leit, wéi mer wëssen.

Bei de wuessende Wunnungspräisser a -käschten an elo och den Energiepräisser kommen ëmmer méi Leit an d'Labrenten, hu Schwierigkeeten, déi lafend Käschte gedeckt ze kréien, geschweige dann, wann iergenden ausseruerdentleche Käschtepunkt op si duerkënn.



D'Wunnengsnout dann ass eng Problematik, bei där d'Ombudsman un d'Limite stéisst. Dat kann een aus dem Rapport esou erauslesen. Si gëtt reegelméisseg vu Leit kontaktéiert, déi Schwierigkeeten hunn, sech ze logéieren. Esou zum Beispill de Fall vun enger Famill, déi an enger insalubrer Wunneng sëtzt a säit knapp zéng Joer – an elo si mer beim Thema vu vir drun – op de Waardelëschten ass fir eng Sozialwunneng. Zéng Joer! A wa si aus hirer Wunneng eraus mussen, dann ass emol keng Urgencewunneng do, well déi respektiv Gemeng net genuch där Urgencewunnengen huet. An do si mer erëm beim Problem, dass mer einfach och net genuch Urgencewunnengen an eise Gemengen hunn.

En anere Fall ass dee vun enger Famill mat véier Kanner, déi och an enger prekärer Lag sinn, wou de Papp Travailleur handicapé ass an de Bouf krank ass. Och si fanne keng Wunneng um private Marché. An och hei muss d'Ombudsman feststellen, dass et näischt fir esou Famillje gëtt. Si schlussfolgert, Zitat: „Dans notre société aucune place ne semble être prévue dans ce cas de figure“. De Rapport féiert engem dann och effektiv e gewëssene Vide virun Aen.

Virun allem Famillje mat vill Kanner hu Schwierigkeeten, eng Wunneng ze fannen, mee och monoparentall Familljen, wou just ee Salaire do ass. De private Wunnengsmarché huet weéng Offere fir si. Dës Situatioun wier onofhängeg vum gudde Wëlle vun dese Mënschen, sou schreift d'Ombudsman weider.

„Kee wëll ee mam REVIS“, Zitat, esou d'Ombudsman. Mënschen also, déi schonn an enger ekonomesch-sozial schwieriger Lag sinn, hunn dobäi dacks nach eng Suerg méi, an zwar déi vum Logement. De Privatmarché huet also keng Äntwert op d'Besoinne vu sozial-ekonomesch schwache Leit. Och dat ass eppes, wat een aus deem Rapport kann erauslesen, mee wéi gesot, wou d'Ombudsman eigentlech net wirklech vill Handhab huet.

Ech géif dann op d'Kapitel vun de Gemengen ze schwätze kommen. D'Gemenge sinn déi – an dat, mengen ech, ass ganz kloer –, déi am nooste bei de Bierger an den Awunner sinn. Grad do kënnen si a solle si, soll hir Administratioun no bei de Bierger sinn an am Interessi vum Bierger a vum Awunner handelen.

D'Ombudsman schreift dann och bewosst vun enger Gemeng, déi en „exemple de bonne pratique“ gesat huet: E permanente Kontakt tëscht den Instanzen an eng proaktiv Demarche vun der Gemeng haten dozou gefouert, dass de Fall zugonschte vun der concernéierter Persoun geléist gouf. Dat ass wirklech esou en Exemple de bonne pratique, dee si bewosst dragschriwwen huet. Et ass schéin, dat ze liesen, an ech felicitéiere ganz gären deser Gemeng!

Dat gëtt et och esou Fäll, wou d'Gesetz falsch gelies gëtt oder falsch interpretéiert gëtt. An enger Gemeng – si huet se bewosst net genannt – war d'Gesetz vun 2019 esou gelies ginn, dass d'Administratioun dovunner ausging, et bräicht ee mindestens 9 m<sup>2</sup> pro Zëmmer an engem Haus oder an enger Wunneng pro Kand, pro Persoun. Déi Mindestnorm besteet awer nëmme fir Zëmmeren, déi un Eenzelpersounen verlount ginn an net fir Familljen. Soss kéint jo quasi keng grouss Famill sech eng Wunneng méi leeschten – wat jo souwisou schonn de Fall ass, wéi mer virdru gesinn hunn.

Och dee Fall gouf geléist, nodeems d'Ombudsman intervenéiert ass. Den Echange war konstruktiv an d'Gemeng huet hir Entscheedung ugepasst. Och dat ass also e ganz positive Fall, deen ee ka soulevéieren, an e weist och nees eng Kéier d'Wichtigkeet vun der Ombudsman als Instanz.

Leider awer ass dat net ëmmer de Fall: An enger anerer Gemeng ware vill Awunner betraff vum Refus vun

der Administratioun, si an de Registre principal anzedroen, well si an enger Colocatioun gewunnt hunn. Dës Mënschen haten duerch déi Decisioun méintelaang zum Deel keng Rechter. De Mediateur schreift dozou, dass d'Administratioun sech op Texter bezunn huet, déi nach net en vigueur waren. Net nëmme wieren d'Decisiounen vun der Administratioun net legal gewiescht, derbäi kéim, dass d'Administratioun immens gezéckt hätt, der Mediatrice ze äntweren: Eréischt nom drëtten Bréif koom eng Äntwert. D'Mediatrice hat och keng Äntwert op hir juristeschen Analys kritt vun der Gemeng.

An der Kommissioun gouf dozou gesot, dass et zwar keng Obligation de réponse vun de Gemenge gëtt, mee d'Gemenge sollten dach der Ombudsman an engem Délai raisonnable äntweren. D'Propos koom dunn och vum Syvicol, eng Circulaire un d'Gemengen erauszeginn, déi der Ombudsman dann zumindest eng ... also dass d'Gemengen der Ombudsman zumindest eng Lettre circonstanciée sollte schécken, wann dës u si schreift. Déi Propos ass dunn och zréck behale ginn an der Kommissioun.

Et kann ee sech dann och froen, wat d'Konsequenze si vun esou Entscheedungen, déi u sech un der Limit vum der Legalitéit sinn, mee déi awer en immens groussen mënschlechen Impakt hunn.

Da kuerz ze dem Kapitel iwwer Gesondheet an och Sécurité sociale. D'Gesondheet ass sécherlech en anere Beräich, wou d'Ofhängegkeet vun enger Administratioun besonnesch fir immens vulnerabel Leit, also och krank Leit, kann zum Albdram ginn. Dat ass wirklech och esou e roud Fuedem duerch de Rapport, déi Ofhängegkeet am Endeffekt och vun deenen Administratiounen.

Am Ombudsman-Rapport gëtt d'Beispill vun enger Fra genannt, déi huet missen d'urgence an d'Belsch goen, fir do operéiert ze ginn. Et ass awer, wéi Der wësst, den Dokter, deen de Formulaire S2 ufreet, an natierlech kann et virkommen, wéi bei jiddwergem, dass den Dokter och eng Kéier e Feeler mécht. An deem heite Fall hat hiren Dokter d'Demande falsch ausgefëllt an eng Demande pour consultation an net eng Demande pour traitement ugefroet. Dofir gouf hir dunn och de Remboursement refuséiert.

Dat ass eigentlech e gutt Beispill. Do konnt d'Ombudsman net vill maachen, well dat einfach esou war. An dat ass e gutt Beispill vun där Ofhängegkeet, déi besteet vum Patient, vum Notzer, par rapport zu enger Administratioun oder zu enger Institutioun, wou een am Endeffekt dann och net vill ka maachen, wann een esou ofhängeg ass. An do huet de Patient dann och ganz weéng Handhab an och weéng Kontroll, wat eigentlech zimmlech dramatesch da ka sinn.

An der Kommissioun krute mer gesot, dass vun deene 5.563 Demandé fir en S2 am Joer 2020 der 842 refuséiert goufen. De Ministère huet des Weideren ënnerstrach, dass de Formulaire fir den Dokter soll vereinfacht ginn an den Assuré soll Accès op säin Dossier kréien, wat definitiv jo och Verbesserung sinn. Och gouf gesot, dass d'CNS dem Assuré de Formulaire sollt zréckschécken, wann e Feeler dra wier.

Do wou d'Ombudsman sech wënscht, dass et méi Flexibilitéit an der Legislatioun gëtt, fir dass eebe grad d'CNS kéint zum Beispill eng Prise en charge accordéieren, och wa keng Demande préalable virläit, do ass d'Logik vun der CNS eng aner. Si wëll léiwer iwwert de Wee wéi bis elo goen, vun der Prozedur vun den Autorisations préalables, fir eng gewësse Kontroll ze halen. Also do si verschidde Vuen am Raum, mee d'Ombudsman wënscht sech definitiv méi Flexibilitéit do.

Eng Statutenännerung da wier der Mediatrice no do néideg, wou zum Beispill de Patient muss eng

Ambulanz huelen, fir op e Rendez-vous bei dem Contrôle médical vun der Sécurité sociale ze kommen. Esou ee Fall gëtt et och am Rapport, nämlech wou e Patient an der Onméiglechkeet war, säi Privatauto ze huelen, an huet missen eng Ambulanz bestellen. De Remboursement ass awer nëmme virgesi fir de Privatauto oder fir den ëffentlechen Transport. Do misst d'Méiglechkeet bestoe fir déi Patienten, déi mussen eng Ambulanz ruffe fir dohinnerzegoen, fir dat och rembourséiert ze kréien.

Dozou huet dann an der Kommissioun den zustännegen Minister gesot, do wier e Projet ënnerwee fir den „transport non urgent“ vun den Ambulanzen. Also och dat ass eigentlech relativ positiv. Et bleift just ofzawaarden, wat dann do kënn.

Zum Kapitel iwwert d'Famill, wat de REVIS ugeet: Do sinn, wéi all Joer, eng Rei Dossieren, wou Beneficiairë vum REVIS sech bekloen, dass hire Revenu besteiert gëtt – well vill Leit dat net wëssen. Do stelle sech fir d'Mediatrice eng Rei Froen. De REVIS besteet jo aus zwee Deeler, wéi Der wësst: der Allocation d'activation an der Allocation d'inclusion. D'REVIS-Gesetz seet awer näischt zu der Fro vun der Besteuerung. Fir d'Steuerverwaltung wier et e Revenu, deen ee misst besteuere, dat ass hir Vue.

De Problem, deen d'Mediatrice awer gesäit, ass kloer deen, dass dee Revenu, also de REVIS, u sech als Revenu complémentaire gëllt, fir eng Famill oder fir eng Persoun iwwer Waasser ze halen, fir dass se eebe grad net an d'Prekaritéit oder an d'Aarmut rutscht, an dass, wann deen awer besteiert gëtt, dee Revenu domadder awer erëm erofgeet. Dat schéngt also schonn e Problem ze sinn, deen awer nach net geléist ass.

Da si vill Dossiere vun der Allocation de vie chère betraff, och dat wéi alljoers. D'Mediatrice schreift vun engem Fall, wou eng Persoun d'AVC refuséiert krut, well si keen RIB derbäigeluucht hat, sou wéi dat soll sinn. Och dat weist nees eng gewëssen administrativ Rigiditéit. Des Weidere wieren nees vill Leit vun engem Refus betraff, well si hiren Dossier net an deenen 30 Deeg completéiert haten. Si soen all, dass si kee Bréif kritt hätten. Do proposéiert d'Mediatrice, dass den FNS de Courrier dach sollt per Recommandé schécken, fir dass och dës Leit dann informéiert sinn, fir déi Demande ze maachen.

Dozou hat de President vum Fonds national de solidarité scho beim Debat iwwert de Rapport 2019 gesot, et wier eng reglementaresch Ännerung ënnerwee. An deem Zesummenhang kann een dann d'Fro opwerfen, wou dës Ännerung drun ass, well dat si jo awer elo schonn e puer Joer hier.

Méi generell bedauert d'Ombudsman an deem Zesummenhang eng immens strikt Demarche vum Fonds national de solidarité, déi si awer ëmmer erëm constatéiert huet. Dacks géife Leit de mauvaise foi presuméiert ginn, esou d'Ombudsman. Dozou wëllt ech da méi allgemeng e puer Saachen ënnersträichen.

Ech wëllt ënnersträichen, dass dese Rapport eigentlech net just op ... Bon, wéi Der gesitt, hunn ech elo net iwwer all Kapitel geschwat – dat bréngt et, mengen ech, och net –, mee der e puer erausgestrach. Awer méi allgemeng géif ech gär soen, dass de Rapport eigentlech net just op Dysfonctionnement tëschent den Institutiounen an den Notzer/innen hiweist, mee och op Dysfonctionnement an eise Relatiounen tëschent Mënschen.

De Rapport weist, wéi wichteg et ass, dass mer kënnen een op deen anere lauschten an och empathesch sinn, also d'Capacitéit hunn, fir sech een an deen aneren eranzespieren, fir een deen aneren ze verstoen, well am Endeffekt sinn et jo och Leit, déi

openeentreffen. Wann een Notzer oder eng Notzerin an eng Administratioun geet, sinn dat Leit, déi opeenentreffen, déi matenee schwätzen.

An et gëtt natierlech immens vill gutt Relatiounen, dat ass kloer, tëschent den Institutionen, de Beamten a Beamtinnen an den Notzer an Notzerinnen. Mee et gëtt, an dat muss een och soen, e Problem vun enger gewëssener administrativer Rigiditéit an, wéi ech och virdu gesot hunn, awer oft och enger – oder net oft, awer op jidde Fall emol heiandsdo –, vun enger gewëssener Approche, dass ee mengt, d'Leit wärend de mauvaise foi.

Eng Fro, déi och ëmmer erëmkënn, ass déi Fro vun den Delaien, déi net respektéiert ginn, an awéiwäit déi Delaie vläicht méi flexibel kënnen ausgeluecht ginn am Intérêt vum Besoin vun deem jeeweilegen Notzer. An et stellt ee sech d'Fro, ob wierklech den Notzer an d'Notzerin ëmmer genuch am Zentrum vun der Demarche stinn, also am Zentrum vun der jeeweileger Administratioun, an och d'Fro, ob d'Servicer, ob déi verschidden Administratioune genuch Personal, genuch Zäit a Ressourcen hunn, fir op déi individuell Besoinen eebe grad an enger Écoute active an enger empathescher Demarche och wierklech kënnen anzegoen. Well mir brauche ganz sécherlech méi Flexibilitéit an och vläicht méi Empathie, fir een op deen aneren anzegoen a fir d'Gesetzter och flexibel a mënschlech ze applizéieren.

Méi generell: Mir brauche sécherlech méi e bewosst Nolauschteren, fir een op deen aneren anzegoen, dat hunn ech scho gesot. Ech menge wierklech, dass dat wichteg ass, mee dat sprengt de Kader, dat ass kloer. Do si mer bei der Educatioun, bei eisem ekonomeschen a kulturelle System, deen Empathie net wierklech favoriséiert.

Et constatéiert een dann natierlech och, wéi ech virdu scho gesot hunn, eng gewësse Mefiance virum Notzer, virum der Notzerin, virum Demandeur, déi kënn vum engem Service. Dat liest een och duerch de Rapport erduerch an dat ass, mengen ech, och net nei.

An do wéilt ech gären e Beispill ginn aus der Aussekommissioun, wou de Service des réfugiés gesot huet, dass si, Zitat: „no Kontradiktione“ sichen an den Dosiere vun de Refugiéen. Si wärend, Zitat: „net do fir ze hëllefen, mee fir Detektivaarbecht ze maachen“.

An dat ass fir mech wierklech e ganz gutt Beispill, awéiwäit et awer eng Approche ass, déi zum Deel dann awer negativ behaft ass, déi eng negativ, jo, Haftung an deem Sënn huet, dass ee wierklech no Feeler sicht an no Kontradiktione sacht, fir eeben déi Abusen, déi eventuell Abusen erauszefilteren. An ech bedauern dat wierklech ganz zudéifst, wéi ech dat héieren hunn. Dat seet awer, mengen ech, och ganz vill aus iwwert déi eventuell jeeweileg Aarbechtsapproche vu verschiddenen Administratiounen, op jidde Fall emol vun där heiter an dësem Fall.

## 7. Dépôt d'une proposition de loi par Mme Nathalie Oberweis

### Exposé

Da géif ech gär an dësem Kontext eng Proposition de loi deposéieren am Zesummenhang mam Recht op de Regroupement familial. Ech sinn also nach ëmmer beim Sujet vum Asylrecht a vum Recht op Regroupement familial. Well wa Mënschen duerch ausseruerdentlech Émstänn gezwonge ginn, vun engem Moment op deen aneren ze flüchten, a vun engem Moment op deen aneren aus hirem Liewe gerappt ginn, dann erfuerdert dës tragesch Situatioun eng besonnen Opmierksamkeet. Vu d'Vulnerabilitéit

vun de betraffene Mënschen ass et nëmme evident, dass hei e spezielle Schutz existéiert an och d'Recht op Familjenunifikatioun.

An enger rezenter Recommandatioun da vun der Ombudsman ass dokumentéiert, dass et duerch den aktuelle Rechtskader a rezent ëmgeännert administrativ Praktiken zu enger Situatioun koom, wou Bénéficiaires de protection internationale grouss Problemer hunn, oder besser gesot quasi virum der Onméiglechkeet stinn, fir vum Recht op Familjenunifikatioun ze profitéieren, wa si dës zum Beispill fir e Kand ufroen, fir dat si d'Gard hunn, well déi leiflech Eltere gestuerwe sinn.

Do gëtt dann elo verlaangt, dass d'Familjenunifikatioun iwwer eng Demande vun enger Autorisation de séjour pour raisons privées ugefrot gëtt, wat ënner anerem mat de Konditiounen verbonden ass, e reegelméisseg Akommes an och eng appropriéiert Wunneng ze hunn. Mir brauchen ons awer näischt virzemaachen: Mir alleguerten, déi mer eis e wéineg fir de Sujet interesséieren an och Empathie hunn, wëssen, dass e Mënsch, dee grad alles verluer huet a sengem Liewen, absolutt an der Onméiglechkeet ass, all déi Konditiounen ze erfëllen.

Bis 2021 gouf et dann eng extensiv Interpretatioun vum Gesetz op de Regroupement familial, soudass och Kanner konnte vum Regroupement familial Gebrauch maachen, déi net déi biologesch Kanner waren, mee wou de Regroupant, also de Beneficiaire hei am Land, den Droit de garde am jeeweilege Land hat. Dat war dacks de Fall, virum allem do, wou krichsbedéngt Familljemembere verstuerwe waren.

Dofir proposéiere mir an eiser Gesetzespropos, fir dës Rechter nees onëmgängelech hierzestellen an den Artikel ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Wann Der erlaabt ... Entschëllegt, Madamm Oberweis, ech wollt Iech just bidden ze preziséieren, datt Der déi Proposition de loi net als Rapporteur maacht.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | Natierlech! Souwäit ech weess ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, voilà!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | ... ass den zweeten Deel a mengem Numm.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo. Merci.

**Une voix** | Dir musst dat annonciéieren.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | Natierlech! A pardon, ech muss dat annonciéieren?

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | Entschëllegt! Ech annonciéieren da ganz kloer, dass dat a mengem Numm ass. Pardon, ech hunn dat net gemaach!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, ...

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | Jo. Ech krut gesot, dass ech déi zwee Deeler kann an engem maachen. Mee ech hunn effektiv net preziséiert, dass dat a mengem Numm ass.

**M. André Bauler** (DP) | Et ass awer besser, Dir trennt dat ...

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | Et ass ganz kloer a mengem Numm. Bon, et wär natierlech schéin, wa mer et all géifen zesumme maachen. Mee on verra, wann Der alleguerten dann hannendrustitt.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, Madamm Oberweis, ...

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | An den Här Kartheiser mécht dat bestëmmt och, gellt?

Ech maachen dann ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | ... une fois n'est pas coutume.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | Ech si bal fäerdeg.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Den Här Kartheiser huet ... il m'a pris de vitesse, well ech hat e ganz grouss Fragezeichen, wou déi Proposition de loi géif ...

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | ... hierkënn.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | ... hierkommen an der Prozedur, fir den Avis vun der Ombudsman ze analyséieren. Bon, Dir hutt eis elo eng Opklärung ginn. Ech géif Iech bidden, an Zukunft net Är perséinlech respektiv Är Iwwerleeunge respektiv Initiative vun Är Partei ze vermësche mat engem Rapport vun der Kommissioun. Dat ass ierféierend. An dat ass och net gutt fir d'Analys vum Rapport vun der Ombudsman. Merci!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | Ech soen Iech Merci fir dës ... Merci, Här President. A ganz kloer ass d'Proposition de loi a mengem Numm respektiv am Numm vun eiser Partei. Et deet mer leed, wann ech dat net preziséiert hunn, dat war mer entwusch. Mee et ass effektiv ganz kloer.

Ech sinn dann och effektiv bal fäerdeg. Ech géif just meng Proposition de loi fäerdeg presentéieren.

Wéi gesot, mir proposéieren dann an dëser Gesetzespropos, fir dës Rechter nees onëmgängelech hierzestellen an den Artikel am Gesetz ze erweideren eeben duerch Kanner, déi à charge vum Regroupant sinn. Domadder géife mer dann net nëmme den Intérêt supérieur vum Enfant, also vum Kand, respektéieren, mir géifen och keng Diskriminatioun tëschent de Kanner maachen. Dës Weidere géif dës Erweiderung d'Recht op Famill a Familljeliewen och voll ëmsetzen.

Et kann ee sech froen, wouduerch dës Ännerung eigentlech an der Pratique administrative zustane koom. Et ass op jidde Fall kloer, dass duerch dës restriktiv Praktik, déi elo rezent ass, Rechter vum Beneficiaire, also vum Regroupant, ageschränkt ginn, mee och kloer Kannerrechter an den Intérêt supérieur vum Kand a Fro gestallt ginn.

An au vu vun der Stärkung vun de Rechter, vun de Kannerrechter oder och vun de Familljerechter, déi elo an der Verfassung gestärkt ginn, denken ech, dass dës Praktik net an der Volontéit vun der Regierung ass. An ech hoffen dann, dass dës Proposition de loi op ganz oppen Oueren an op vill positive Feedback stéisst.

*8028 – Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration*

## 8. 7896 – Débat d'orientation sur le rapport d'activité de l'Ombudsman (2020) (suite)

### Rapport de la Commission des Pétitions (suite)

Ofschléissend wéilt ech gären soen, dass et immens wichteg ass, d'Ombudsman als Institution ze stäerken. Et ass effektiv esou, dass d'Ombudsman eng immens wichteg Ulafstell ass, mee leider beschränkt ass an hire Kompetenzen. D'Prinzipie vu Venedeg



zum Beispill hale fest, dass den Ombusman eigentlech misst kenne viru kompetente Juridictionen intervenieren, wat net de Fall zu Lëtzebuerg ass. Dat wär awer fir eng Demokratie an e Rechtsstaat, deen eppes op sech hält, vun eminenter Wichtigkeit. Dës Fro ass dann och un d'Institutionekommission weidergerechtt ginn.

Dann ass et och nach wichtig, un d'Recommandation 51 aus dem viregte Rapport vun 2018 ze erënnere. Et geet och hei ëm d'Ausweidung vun der Kompetenz vun der Ombudsman, an zwar drëms, dass d'Ombudsman sech kann deene Reklamatiounen unhielen, déi u si erugedroe ginn iwwer Établissements de droit privé, déi eng Mission de service public hunn. Dat ass nämlech och am Moment net de Fall. Och do soll d'Mediatrice ganz geschwënn an déi zoustänneg Kommission invitéiert ginn.

Da bleift mer eigentlech just nach, Merci ze soen der Ombudsman fir hire Rapport – natierlech der Ombudsman an all hire Kolleeginnen a Kolleegen, déi un dësem Rapport geschafft hunn. An natierlech och merci dem Här Spier, dem Sekretär, dee sech immens vill Méi ginn huet fir de Rapport. Natierlech och Iech alleguete merci fir d'Matschaffen an deene jeeweilege Kommissionen, de Presidenten a Presidentinne vun deene Kommissionen an all de Beamten a Beamtinnen hei vun der Chamber, déi mat dru geschafft hunn. An natierlech de Ministeren a Ministerinnen an hire Beamten, déi an d'Kommissionen komm sinn.

An ech verweisen natierlech op de schrëftleche Rapport fir all d'Detailer, déi ech elo hei net gesot hunn, well och keng Plaz dofir do ass.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. An ech entschëllege mech nach eng Kéier derfir, dass ech virun net prezisiéiert hunn, dass d'Proposition de loi a mengem, an eisem Numm ass. An ech hoffen, jo, dass Der et awer interessant fonnt hutt. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. D'Entschëllegung ass, mengen ech, ugehall. Et ass jo och net esou oft, wou Der kennt an d'Roll vum Rapportier erakommen, soudass Der dat learning by doing macht. Gutt. Mir sinn also ganz fei mat Iech.

Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Paul Galles, mat oder ouni Proposition de loi.

*(Hilarité et interruption)*

**Débat**

**M. Paul Galles** (CSV), en remplacement de M. Max Hengel (CSV) | Merci villmools, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech halen elo dës Ried amplat vum Max Hengel, deen den Dossier virbereet huet, dee sech ganz vill erageschafft huet, deen dat mat ganz vill Engagement, mat ganz vill Interesse gemaach huet an dee sech drop gefreet hat eigentlech, dës Ried haut de Mëttag ze halen iwwer de Rapport vun der Ombudsman. An ech wëll him op dësem Wee am Numm vun eis alleguerten – ech huelen un, dass dat eng ganz grouss Unanimitéit ass – ganz vill Courage a ganz vill Kraaft wënschen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Paul Galles** (CSV), en remplacement de M. Max Hengel (CSV) | Fir unzefänke wëll ech och dem Nathalie Oberweis Merci soe fir den exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport zum Rapport vum Ombudsman. An d'Nathalie Oberweis huet sech vill Méi gemaach, ech hunn dat och e bësse matkritt, well mer eng Kéier driwwer geschwat hunn e bëssen, well ech dee Rapport virdru gemaach hat, wéi een dann esou ee Rapport upeekt. An hatt huet 17 pertinent Konklusionen gezunn aus deem, wat alles an deene

Kommissionen do beschwat ginn ass an ech kann him dofir just och am Numm vun eis alleguerte felicitéieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Paul Galles** (CSV), en remplacement de M. Max Hengel (CSV) | An ech wäert och elo gläich nach op e puer Punkten agoen.

Ech wëll awer och Iech, Madamm Ombudsman Claudia Monti, an Är Ekip Merci soe fir alles dat, wat Dir esou leescht. Duerch Är Aarbecht hunn d'Bierger an d'Biergerinnen d'Méiglechkeet, an deem Moment, wou se d'Gefill hunn, dass se vun enger Administration net adequat géife behandelt ginn, en Uspriechpartner ze fannen, deen hinnen zur Säit steet. An ech hat deemools och, wéi ech selwer déi Chance hat, de Rapport ze maachen, d'Geleeënheet, fir mat Iech e bëssen am Zwiesgespräch ze sinn, am Dialog, wéi Dir Är Aarbecht selwer erlieft. Dat war eent vun deene ganz interessante Gespréicher an där ganzer Zäit.

An et ass an eisen Aen immens wichtig an dësen Zäiten, wou dës Welt ëmmer méi séier dréit a wou een heiansdo och d'Gefill huet, dass ee vläicht net gesinn oder gehéiert gëtt, eebe genau ze wëssen, dass eng institutionaliséiert Ulafstell do ass, fir wann ee mat den Administrationen iergendwéi ze dinn huet.

An ech menge souguer, dass mer d'virescht Woch – ech mengen, et wär d'virescht Woch gewiescht – do an de Sonndagen, am éischte Sonndage vum Politmonitor, gewuer gi sinn, dass d'Leit leider net méi gradesou vill Vertrauen hunn an d'Politik an an d'Institutionen insgesamt. Dofir ass et ëmsou méi wichtig, dass mer och mat dësem Rapport de Leit nach eng Kéier kloer an däitlech soen, dass se eng Plaz hunn, un déi se sech kenne richten, wa se iergendwéi Suerge mat enger Administration hunn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Ombudsman hëllef eis awer och selwer heibannen an eiser Aarbecht! Duerch de Rapport, dee mer kréien, kréie mer iergendwéi all Joer och e Spigel virgehale fir eis eegen Aarbechten, wou mer jo alleguerten oder bal alleguerten op iergendengem vun deenen Niveauen, déi hei betraff sinn, och engagéiert sinn. Ob dat elo iergendwéi an den éffentlechen Administrationen oder Institutionen ass, mir hunn iergendwéi mat deene Saachen ze dinn.

An dat ass ganz praktesch, well mir kréien dann net nëmmen all fënnf oder sechs Joer e Verdikt fir eis Aarbecht, mee mir kréien eigentlech och all Joer e bëssen e Spigel virgehale fir dat, wat eis eegen Aarbecht soll ausmaachen, an och dofir, wou mir vläicht besser musse kontrolléieren, dass d'Administrationen, déi mer iergendwéi och mat representéieren, wat déi dann an deem Moment och maachen. Et ass also en Tëschebilan och eigentlech fir eis eegen Aarbecht, dee mer hei an deem ganz interessante Rapport vum Ombudsman allkéiers erëm duergeluecht kréien. Dofir ass en en immens wichtige Feedback fir eis alleguerten.

An dofir ass et och ganz begreissenswäert, dass d'Nations Unies an enger rezenter Resolution den Ombudsman oder de Mediateur als „norme mondiale“ uerkannt hunn, dass se seng Wichtigkeit ënnersträichen. An dat ass awer eng Unerkennung fir déi ganz vill an déi ganz gutt Aarbecht, déi do geleescht gëtt!

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll awer och nach eng Remark maachen, éier ech elo op de Contenu vum Rapport aginn. Mir haten d'lescht Joer op dëser Plaz schonn eng Kéier gesot, dass d'Petitionskommission sech géif freeën iwwer eng statistesch Oplëschtung vun den Donnéeën am Verlaf vun

de Joren, fir dass mer esou besser Vergläicher kéinten zéien, wéi dann iwwerhaupt d'Situatioun, déi mer am Rapport all Joer duergeluecht kréien, evoluéiert huet iwwer déi lescht Joren. An dat ass geschitt! Mir kruten déi Interpretatiounshëllef an och dofir wëlle mer nach eng Kéier hei ganz vill Merci soen.

D'Zuele vun de Reklamatiounen, an dat kann ee jo elo e bëssen da kucken, déi säit 2004 beim Mediateur agereecht goufen, spigelen dann och déi vill Aarbecht vun de Servicer vum Ombudsman ganz kloer erëm. A verschiddene Jore waren et iwwer 1.000 Reklamatiounen, déi erakomm sinn, mat engem Peak vun 1.149 Reklamatiounen am Joer 2017. Mat 914 waren et der am Joer 2020 elo eng Rei manner, mee dat ass héchstwahrscheinlech och op d'Pandemie an op de Lock-down zrëckzuféieren.

Dat Besonnescht un dësem Rapport 2020 ass eeben, dass en dat éischt Joer vun der Pandemie erëmspigelt. An e lueft d'Administrationen fir hir vill schnell Reklamatiounen, wat d'Ëmsetze vun Teletravail, Digitalisierung, Suspensions de délais an esou weider ugeet. Hei war d'Pandemie tatsächlech dat, wat ee sech bal net konnt erdreemen, nämlech e Beschleuneger an e puer Saachen, déi eigentlech ganz néideg waren an déi elo, wa se net esou ëmgesat gi wäeren, vläicht nach eng Kéier iwwer e puer Joer gedauert hätten.

D'Madamm Monti huet an hirem Rapport awer och zu Recht festgestallt, dass déi schnell Digitalisatioun – d'Madamm Oberweis ass och drop agaangen – och Inegalitéite mat sech bréngt. An et ass och gutt, dass mer en A dorop behalen, nämlech an deem Kader ënnersträicht si am Rapport: „Une administration doit toujours rester accessible sans exclure personne et doit s'adapter [...]“. Eng schnell Digitalisierung ass fir eng Rei Leit ëmmer ze schnell, soudass ee sech och ëmmer muss iwwerleeën an am A behalen, um Schierm behalen, dass Mënschen och aner Weeër brauchen, fir dass se kenne matkommen.

Den Taux de correction vun de Reklamatiounen ass leider dës Kéier erofgaange vu 87,3 % op 81,3 %. Wann een den Taux de correction global säit 2004 elo kuckt, also fir et an de Kontext ze stellen, da stellt ee fest, dass mer ëmmer erëm emol déi Schwankungen do hunn. 2018 louch e bei niddrege 74,3 %, 2019 awer zum Beispill bei engem Beschtwäert vun eeben deene 87,3 %, vun deene mer elo hierkommen.

An et ass gutt, dass d'Recommandatiounen vum Mediateur oft ugehall ginn an doduerch och Problemer um Terrain nohalteg verbessert kenne ginn. Eng Fro ass awer trotzdem nach, wéisou – ech mengen, et sinn der aacht – Recommendationen vun de viregte Mediateuren nach ëmmer net beäntwert gi sinn. Ech wëll dat och nach eng Kéier hei als, jo, eng kleng Motivatioun mat op de Wee ginn. Ech mengen, et wäeren der aacht. Ech hunn et och nach eng Kéier duergeluecht, do sinn der e puer, déi net beäntwert sinn.

Wann een e bëssen duerch d'Lëscht kuckt, da stellt ee fest, dass bei verschiddene Ministèren, wéi zum Beispill beim Finanzministère oder dem Ministère fir Education, Enfance a Jeunesse, den Taux de correction bei 100 % läit. Aner Ministèren, wéi de Ministère pour la Famille, Intégration an d'Groussregioun oder de Wirtschaftsministère, weise just Tauxen op vu 50 % respektiv vu 40 %. Fairnesshallwer muss een awer och derbäisoen, dass beim Familljeministère just fënnf Reklamatiounen agaange sinn. Do sinn der also zwou dovunner och beäntwert ginn. Do ass awer also nach Loft no uewen an deem dode Punkt, woubäi een ëmmer muss soen, dass déi reng Statistiken natierlech net ëmmer d'Komplexitéit vun den Dossierer erëmspigelen.

Am Allgemenge gëtt awer festgehalten an dësem Rapport, an et ass mer och wichteg, dat am Numm vun eiser Fraktioun ze soen, dass d'Gemengen an d'Ministère gutt mam Mediateur kooperéieren.

Erlaabt mer kuerz an dësem klengen Rapport, eppes am Detail ze kucken, nëmme ganz kuerz, an eng Kéier elo e Bléck op d'Gemengen ze werfen: Bei de Gemenge stellt nämlech den Ombudsman fest, dass heiansdo keng oder nëmme spët Äntwerten op de Courrier kommen. De Mediateur muss bei de meeschte Problemer einfach d'Gemengen un d'Dispositions légales en vigueur erënneren an da kënn d'Gemeng der Ufro vum Mediateur an dem Reklamant och am Normalfall eigentlech relativ séier no.

An et ass mer och hei wichteg, an ech soen dat elo am Numm vum Max, well dat huet hien extra hei esou formuliert, dass e seet: Dat do muss een och an de Kontext stellen an och d'Gemengen do an deem Kontext verstoen a se och a Schutz huelen, wann et elo géif ausgesinn, wéi wann do eng Rei Gemenge géife vläicht net esou séier äntwerten, wéi se sollten.

Mir all wëssen, dass an der Pandemie d'Gemenge ganz vill geleescht hunn. Si hunn hir Servicer oprechterhalen a wierklech schwéieren Zäiten. Si hunn d'Bierger informéiert, Akafsservicer matugebueden, Maske verdeelt an esou weider an esou virun. An da kann heiansdo vläicht an esou engem Moment vun enger Pandemie net esou séier op e Courrier geäntwert ginn, wéi een dat an engem anere Fall, wou keng Pandemie war, vläicht hätt kënne maachen. Dat wär emol zumindest eng wohlwollend Erklärung fir deen dote Fall.

An de Max huet och gesot, dass en eebe gesinn huet als ee Matresponsable vun enger Gemeng, nämlech der Gemeng Wuerm, déi elo just virun der Pandemie de Seuil vun 3.000 Awunner iwwerschritt huet an domat elo an de Proporz wiesselt, awer trotzdem nach ëmmer keng grouss Gemeng ass a mat deem selwechte Personal schafft, dass déi Beamten an déi Aarbechter an der Pandemie vollen Asaz gewisen hunn, fir de Bierger déi essenziell Servicer weiderhin unzibidden an nach ganz vill méi. Dofir ass et och wichteg, hei de Beamten an den Aarbechter vun de Gemengen och dofir ausdrécklech Merci ze soen.

Gläichzäiteg gëllt et natierlech, d'Gemengen esou opzestellen, dass se à même sinn, och séier ze reagéieren an op d'Doleancen ze äntwerten. Genau dat ass jo och d'Zil vun esou engem Rapport vum Ombudsman, dass dee Message an de Gemengen och verstane gëtt. An hei ass et ze hoffen, dass mat der geplangter Reform vum Gemengegesetz och d'Personal verstärkt gëtt, fir eeben de Bierger nach méi modern a performant Servicer unzibidden. Virun allem de Poste vum Gemengesekretär muss opgewäert ginn. E Gemengesekretär mat juristesch Kenntniss wier souwuel fir d'Gemengeresponsabel eng grouss Hëllef, wéi en eventuell och dem Ombudsman vill Reklamatiounen erspuere kéint.

Erlaabt mer awer och nach e Bléck op d'Ministèren ze werfen. Allgemeng gëtt duerch d'Reklamatiounen festgestallt, dass d'Leit oft keng Äntwerten op hir Ufroer kréien an dann net wëssen, wéi et ëm den Avancement vun hirem Dossier am Ministère eigentlech steet. Hei gëtt et ganz sécher nach Loft no uewen, besonnesch wann et ëm vital Dossiere geet, a mir müssen alleguerter weider dru schaffen, dass déi Delaie méi kleng ginn, besonnesch wann eebe Mënsche mat vitalen, existenzielle Froen awer wierklech op eng Äntwert waarden.

Et ass schued, dass den Ombudsman den Administratiounen heiansdo rappeliéiere muss, dass de Bierger an dass och den Ombudsman e Recht huet, all Dossier ze kréien, an och seng Grënn dofir net muss uginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer just e puer Remarken zu Punkten, déi mer eis hei herausgepickt hunn, zum Ëmweltministère zum Beispill: Beim Ëmweltministère si keng Äntwerten op dem Ombudsman seng Ufroer komm an et gouf sech drop géeneegt, eng Personne de contact speziell dofir ze designéieren.

A generell gëtt festgestallt, dass dat eigentlech fir all Ministère iergendwou sënnavoll wär an och der Madamm Mediateur vill Zäit géif erspueren. Dat ass och eng Propos, déi d'CSV hei schonn e puermol erneiert huet. An ech mengen och, dass aner Leit dat schonn hei gesot hunn. Dat wär interessant. Ech selwer hat et a menger Presentatioun vum Rapport 2019 och gesot, dass dat fir eng Rei Ministère wierklech eng gutt Entscheedung wär, fir dem Ombudsman entgéintzekommen.

Dem Justizministère proposéiert de Mediateur, fir déi Administréiert esou gutt et geet iwwert den État d'avancement vun hirer Demande ze informéieren: Wou ass meng Demande eigentlech drun? A falls dat dann nach net gemaach gëtt, wär et nëtzlech, fir dem Administréiert bei all Ufroer weinstens en Accusé de réception mat der Nummer vum Dossier zoukommen ze loossen. Dat géif de Leit eng gewësse Sécherheet ginn, dass hir Demande ukomm ass, a géif de Staatsbeamten et erlaben, all Demande vläicht méi séier och traitéieren ze kënnen.

De Mediateur gëtt awer och ganz oft mat Logementsproblemer sollicitéiert – an d'Nathalie Oberweis ass och dorop schonn agaangen –, deels mat ganz schlimme Fäll, Familljen, déi a schlimme Konditiounen wunne müssen. Leider kann en do selwer weineg hëllefen an e constatéiert ee strukturelle Problem, dee mer zwar alleguerter kennen, mee et ass gutt, dass mer en och hei erëm eng Kéier rappeliéiert kréien: Et gëtt einfach ze weineg Wunnengen hei zu Lëtzebuerg.

Virun allem vill gréisser Famillje sinn ongewollt vum private Wunnengsmarché ausgeschloss. Wann hei zum Beispill een Akommes ewechfällt, well beispillsweis ee vun den Elterendeeler eng Incapacitéit huet oder op e krankt Kand oppasse muss, ass et fir d'Famill onméiglech, fir sech nach eng akzeptabel Wunneng leeschten ze kënnen. Och um soziale Wunnengsmaart ass et oft net besser. Gréisser Wunnenge si rar an d'Waardezäiten oft enorm laang! An eis Societéit ass vläicht net ganz gutt opgestallt genau fir deen dote Punkt, fir deen dote Problem. An dat ass, mengen ech, och eng Doleance, déi mer aus dësem Rapport sollte mathuelen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach eng weider Bemierkung: Wann een am Joer 2020 bei der Police ugefrot huet, fir Accès op seng perséinlech Donnéeën ze kréien, dann huet dat net, wéi vun der Police selwer ugekënnegt, dräi Méint gedauert, mee bis zu engem ganze Joer! No der Interventioun vum Mediateur huet sech awer dunn erausgestallt, dass deen Delai doduerch entstanen ass, dass sech bei der Police nëmme eng Persoun dorëms gekëmmert huet. Wëssend dass all Administratioun gebieden ass, den Administréierten an engem Délai raisonnable ze äntwerten, proposéiert de Mediateur, schnellstméiglech do d'Personal opzestocken.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer och nach e lescht Wuert zur Caisse nationale de santé. Bei der CNS si leider och ganz problematesch Fäll am Rapport constatéiert ginn – d'Madamm Oberweis ass och dorop agaangen – vu Patienten, déi eng Prise en charge am Ausland brauchen an net rembourséiert ginn, well den Dokter en administrative Feeler gemaach huet. Hei geet et ëm justifiéiert Behandlungen, dat muss nach eng Kéier widerholl

ginn, an deels héich Montanten. An et ka jo net sinn, an do si mer eis héchstwahrscheinlech alleguerter eens, dass dann d'Patienten hinnen um Enn déi sinn, déi dorënner leiden!

E wichteg Constat ass an den Ae vun der CSV awer och deen, dass de Bierger am Fall vun engem Refus vu senger Demande d'Méiglechkeet vum Recours gracieux muss opgewise kréien. Verschidden Administratiounen maachen dat systematesch, anerer maachen dat awer nach net. An dat ass eppes, wat verbesserungsfäeg ass an och relativ einfach an onkomplizéiert ze maachen ass.

Domat ofschréissend, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wëll ech drun erënneren, dass de Rapport vill Statistiken an Zuelen enthält mat Reklamatiounen, Taux de correction an esou weider an esou virun. An et kann ee sech och heiansdo an deenen Zuele verléieren. Mir dierfen net vergiessen, dass hannert all eenzeler Reklamatioun Mënsche stinn, mat engem Schicksal, mat Uleies a mat Suergen, an do muss all eenzelt Uleies eescht geholl ginn. An do si mer eis eens!

A fir dass dat geschitt, ass d'Aarbecht vun der Madamm Monti onmoosseg wichteg. An dofir hir nach eng Kéier zum Ofschloss vun dëser Ried e ganz grouse Merci. An Iech merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | A merci och Iech. Dann ass den nächsten ageschriwwene Riedner den Här Frank Colabianchi. Här Colabianchi, wannehgelift.

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Merci. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, no der Presentatioun vum Rapport 2020 am Juli d'lescht Joer huet de Chamberspräsident Fernand Etgen gesot, d'Madamm Monti wier déi richteg Fra an der Fonctioun vum Ombudsman. D'Madamm Monti an hir Ekip maachen hir Aufgab effektiv mat engem aussergewéinlechen a ganz perséinlechen Engagement, dëst am Dëngscht vun deene Bierger, déi hiren Hänn kee Rot méi wëssen.

D'Appreciatioun vum Chamberspräsident Fernand Etgen betreffend d'Aarbecht an den Asaz vum Ombudsman, Här President, kann een nëmme deelen. An dovu konnte mir ons all während der Presentatioun vum Rapport 2020 iwwerzeegen. An ech wëll mech deem Luef direkt am Ufank hei uschréissen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Mat Luef soll ee jo bekanntlech net spueren an dofir och vun dëser Säit e grouse Merci un d'Madamm Nathalie Oberweis fir hiren ausféierlechen a gudden souwuel méndlechen ewéi schrëftlechen Rapport, och wann dann de méndlechen Rapport an de politesche Message vun déi Lénk net ganz kloer getrennt waren, wéi dat sollt sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ...

**Une voix** | Äre Kolleeg huet dat awer ...

**M. Frank Colabianchi** (DP) | ... Lëtzebuerg ka sécherlech houfreg op säin ëffentlechen Dëngscht, op seng national a kommunal Verwaltung sinn. Dëst verhënnert awer net, dass et heiansdo trotzdem zu Problemer tëschent Bierger an Administratioun ka kommen. Et kënn een ënnert dem Stréch awer zur Konkusioun, dass de Gros vun deene Mëssele mat Hëllef vun der Mediatioun aus der Welt geschaaft ka ginn, a vu schlechtem Wëlle ka just a ganz, ganz rare Fäll geschwat ginn.

Mäi Kolleeg Gilles Baum huet virun e puer Wochen am Kader vun enger Debatt gesot, dass eng



Gesellschaft sech muss dorunner moosse loossen, wéi se mat hire Kanner a mat hiren eelere Mënschen ëmgeet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | An ech wéilt hei derbäi flécken, datt eng Gesellschaft sech och muss dorunner moosse loossen, wéi se mat deene Bierger ëmgeet, déi schlecht dru sinn an déi dacks net selwer dorunner schold sinn! An do, an esou engem Fall, ass den Ombudsman da meeschtens déi lescht Chance fir déi Leit, fir zu hirem Recht ze kommen. Oder soll ech soen, fir zu Gerechtegkeet ze kommen?

Et ass nämlech d'Sich no Gerechtegkeet, déi d'Ekip vum Ombudsman motivéiert. D'Sich no Gerechtegkeet do, wou e Gesetz oder e Reglement vläicht net messerschaarf an op de leschten Dibbelchen interpretéiert muss ginn, do, wou eng méi human Approche néideg ass, Fäll, wou eng gewësse Largesse, e bësse Kulanz eiser Gesellschaft keng Zack aus der Kroun brécht, déi awer ee risegen Ennerscheid fir déi betrafte Leit maachen, déi dacks verzweifelt sinn an hiren Hänn kee Rot méi wëssen.

Dem Ombudsman säi Rapport 2020 war – wie wonnert et? – vun der Covidkris gezechent. Eist Land huet déi Pandemie bis elo, ënner anerem och duerch eng pouséiert Digitalisatioun an duerch den Teletavail, gepackt, also duerch sougenannt „modern“ Mesuren, déi eis d'Liewe méi einfach maachen, besonnesch an esou Krisenzäiten. An deem Kontext muss ee ganz däitlech betounen: bis elo gepackt! Well eriwuer ass se nach net, och wann an der Zwëschenzäit d'Aktualitéit nach duerch weider aner grav Krisen, déi mer säit Längerem net gewinnt waren, geprägt gëtt.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Déi effikass Hëllef duerch d'Digitalisatioun an ënner anerem Teletavail gëllt, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, awer och net fir alleguerten d'Leit. Och dat huet de Rapport eis gewisen. D'Politik vergësst heiansdo déi Mënschen, déi net à la pointe du progrès stinn, Mënschen, déi net vun enger gudder Education konnt profitéieren an déi keen Tablet, kee Computer a kee Smartphone hunn. Si sinn d'Verléierer vun deem sougenannte „cleveren“ oder „moderne“ Schaffen. Déi lescht Jore sinn do eng ganz Partie Leit hänke bliwwen. An dëst gëtt oft vergiess, wa vun der vill geluefter Digitalisatioun an dem Teletavail geschwat gëtt. Och beim „clevere Schaffe“ sinn also Grenze gesat an et ass net d'Léisung fir alles a jiddwereen.

Déi Leit, un déi ee soll, jo, muss denken, si besonnesch dorobber ugewisen, fir kënnen op eng Verwaltung ze telefonéieren oder selwer do laanschtzegoen. De perséinleche Kontakt ass duerch d'Digitaliséierung souwiesou generell zrëckgaangen an huet duerch dee villen Homeoffice nach weider ofgehoen. Dëse Constat muss ee maachen an dat gëtt och vu kengem bestriden. Et war deels net méi méiglech, fir e Rendez-vous ze huelen. En plus a par rapport zu der exzeptioneller, nach net gekannter Krisensituatioun hunn déi fixéiert Delaie sech fir sou munch Demande als ze kuerzfristeg erausgestallt. An ech ginn der Madamm Monti Recht, wa si fuerdert, datt de Covid keng Excuse dierf sinn, fir déi Leit am Ree stoen ze loossen.

Desto méi wichteg ass et, datt déi ëffentlech Verwaltungen an d'Gemengen hir Dieren an hir Telefonen ophale mussen. Ech deelen dem Ombudsman seng Fuerderung – an ech mengen, do sinn ech net deen Eenzenge heibannen –, fir kloer Richtlinie festzelleen, fir datt de Bierger an Nout net ënnert dem Teletavail vun der Administratioun leide muss.

De Message ass also kloer: Mir soe Jo zur Digitaliséierung, ma mir soe mat genausou vill Iwwerzeegung och Jo zum perséinleche Kontakt, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | ... besonnesch wann et ëm perséinlech an delikat Kontakter geet, wéi zum Beispill op der ADEM oder bei den Offices sociaux. An zemoos beim éischte Kontakt! Hei ass eng human Approche gefuerdert. Déi huet den Ombudsman ouni Zweifel, an dat ass och wichteg a richteg an esou Fäll.

Ech begrëssen och, datt d'Servicer vum Ombudsman ëmmer méi Referenzpersounen an de Ministère an an de Verwaltungen hunn, un déi se sech kënnen direkt adresséieren, besonnesch op deene Plazen, wou e méi dacks ze dinn huet. Dat ass eng gutt Saach an dat verhënnert, datt onnéideg Zäit an Energie verluer geet.

Här President, als fréiere Buergermeeschter – dat klénkt besser, wéi wann ee seet „ale Buergermeeschter“, an ech mengen, Mars, du wäerts mer do sécherlech Recht ginn, also bleiwe mer beim „fréiere Buergermeeschter“ –, ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Ech sinn total bei Iech.

*(Hilarité)*

**M. Frank Colabianchi** (DP) | ... do huet et mech op alle Fall gefreet ze héieren, datt den Ombudsman d'lescht Joer eng positiv Tendenz am Kontakt mat de Gemengen notéiert huet. Vlächet ofgesi vun där enger Gemeng, déi offensichtlech e grondleeënde Problem mat dem Ombudsman huet an nach ëmmer kee gudde Wëlle fir eng Zesummenaarbecht weist.

Suerge mécht mer awer, wann ech héieren, firwat verschidde Leit hir Reklamatiounen um kommunalen Niveau zrëckzéien. Engersäits sinn déi Betraffen es op eemol midd, well hiren Dossier schleift, anersäits maachen awer och Leit hiren Dossier zou, well se perséinlech Nodeeler fäerten, dat heescht, well se Angscht hunn, d'Gemeng kéint hinnen d'Liewe schwéier maachen, well se bei de Mediateur gaange sinn.

Dat, léif Kolleeginnen a Kolleegen, därft natierlech ënner kengen Ëmstänn sinn! „Wann eppes onkloer ass, da muss dat gekläert ginn. Wann eppes falsch ass, da muss dat revidéiert ginn“, ewéi de Gusty Graas dat d'lescht Joer hei op der selwechter Plaz ganz treffend gesot huet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Här President, d'Covidkris huet derfir gesuergt, datt den Ombudsman 2020 bal esou vill Dossierien hat ewéi dat Joer virdrun. 914 par rapport zu 975 Fäll. D'Pandemie huet d'Liewe méi komplizéiert gemaach. Eng ganz Partie Leit hu manner verdéngt ewéi virdrun, och wann de Staat derfir gesuergt huet, datt et net zu enger Katastroph komm ass. Dat nämmelech gëllt fir d'Beträiber. Den Ombudsman beklot sech an deem Kontext iwwer heiansdo eng ze vill rigid Approche beim Accordéiere vun de spezifeschen Hëllef.

Am meeschten huet den Ombudsman mat Justiz, Fiskalitéit, Sécurité sociale oder och nach den Affaires étrangères ze di gehat. Dat ass näischt Neies, bedéngt duerch d'Komplexitéit vun verschiddenen Dossierien an dese Beräicher. A mir kennen dës Hotspots aus de Jore virdrun. Den Aufgabeberäich vum Ombudsman ass zudeem ganz breet. An trotzdeem kann ee sonner Zweifel vun enger effikasser Aarbecht schwätzen.

Ee Beispill dofir bei engem Problem mam Fonds du logement, wou nawell séier reagiert ginn ass: Den Établissement public ass effektiv d'accord gewiescht, fir säi Punktesystem ze änneren. Leit, déi op der Lëscht fir eng Wunneng vum Fong stoungen an hiert aktuell Logement verluer hunn, sinn deen Ament nämlech als SDF consideréiert ginn an hunn all hir

Punkten op der Lëscht verluer. Den Ombudsman hat Recht, wann en eng Reform vum Punktesystem gefuerdert huet. An hei ass et och an déi richteg Richtung gaangen.

Dëst ass wuel mat eent vun de beschte Beispiller fir ze weisen, wéi ee mat Versteedemach a Flexibilitéit amplat vu Stuerheet a Rigiditéit de Bierger kann hëllef. An och d'Renommée vun den Institutionen an d'Vetraue vun de Leit an d'Institutionen profitéieren heivun. D'Leit gesinn, datt hir Doleancen eescht geholl ginn an datt reagiert gëtt.

D'Madamm Claudia Monti an hir Ekip hunn eis hei hire véierte Rapport virgeluecht. An no der Vereinfachung vum Dialog, déi dem Här Marc Fischbach um Härz louch, an der Verbesserung vun der Kommunikatioun ënnert der Madamm Lydie Err, setzt den aktuellen Ombudsman e weidere wichtigen Akzent: De mënschlechen Aspekt an der Relatioun Bierger/Administratioun steet bei hir am Mëttelpunkt. Déi human Approche geet als Fil conducteur ganz kloer duerch déi véier Rapporte vun der Madamm Monti. De Bierger soll sech eescht geholl fillen, soll eng kloer, verständlech a motivéiert Äntwert op seng Froe kréien, iwwert d'Prozeduren an d'Recoursméiglechkeeten informéiert ginn, dat an engem rasonablen Delai. Dëst huet sech déi aktuell Ombudsman-Ekip op de Fändel geschriwwen an dat resuméiert gutt, wéi si hir Aufgab gesäit.

Et ass dann awer och elo wierklech un der Zäit, fir un en Auswäite vun de Kompetenzen vum Ombudsman nozedenken. Dëst gouf d'lescht Joer hei gefuerdert, jo, am Rapport vun 2018 wor schonns heivu rieds, mat deemools der Problematik vun de sougenannten Établissements de droit privé, déi eng ëffentlech Missioun erfëllen, dëst mat ëffentlechen Gelder, an net an de Kompetenzberäich vum Ombudsman falen. Do woren d'Belsch an eis franséisch Noperen eis déizäit viraus, ewéi an deem Rapport ze liesen ass.

An der Zwëschenzäit huet d'Institution Ombudsman weider hir Preuvë geliwwert an ass zu engem wichtigen Instrument ginn, wat ee sech haut net méi ewechdenke kann. An d'Tatsaach, datt de Conseil de l'Europe an d'Principes de Venise d'Wichtegkeet vum Mediateur ënnersträichen an datt elo och nach méi rezent, an zwar Mëtt Dezember 2020, souguer d'Assemblée générale vun de Vereenten Nationen Ombudsman a Mediateur promovéiert huet, weist ganz kloer, datt dës Institution engem reelle Besoin entsprécht, breetgefächert Kompetenz sollt hunn, mat enger stabil verankerter gesetzlecher Basis.

Dës Tatsaach, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, sollt eis deemno wierklech motivéieren, den Ombudsman weider an där Richtung ze valoriséieren, zousätzlech Schrëtt ze ënnerhuelen an dës Institution esou nach méi ze stäerken, zum Gudde vun de Bierger an der Administratioun am breede Sënn. De Ball läit also elo bei eis.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Colabianchi. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt en décke Merci un d'Madamm Nathalie Oberweis fir hire Rapport, dee se eis presentéiert huet.

Ech fänken dann un, fir och e puer eenzel Punkten erauszepicken. Am Joer 2020 si jo am Ganzen 914 Reklamatiounen bei der Ombudsman eragaangen. Dat ass u sech eng besser Entwécklung wéi dat Joer virdrun, well do waren et der 975. Et sinn der also manner eragaangen.

Den allgemengen Taux de correction läit bei houerregen 81,7 %, wat awer leider eng lichte Reduktioun zum Joer virdrun ass, well du war en u sech nach bei 87,3 %. Ee vun den Haaptgrënn ass jo warscheinlech och d'Pandemie, an dat hu meng Virriedner scho gesot, déi virun zwee Joer vill Schwierigkeete mat sech bruecht huet, wat op där anerer Säit awer ausmécht, dass och manner Reklamatioune wéi nach am Virjoer erakomm sinn.

Mee wéi gesäit et elo méi genee bei de Gemengen an de Staatsetablissementer aus? Ech fänken hei mam Beräich vun de Gemengen un, wann Der erlaabt.

Am Verglach mam Joer 2019 weist de Rapport vun 2020 eis kloer, dass manner Reklamatioune iwwert d'Gemenge bei der Ombudsman erakomm sinn. Am Joer 2019 waren et der nach 113 an 2020 eeben nach 98. Vun deenen 98, déi bei der Mediatrice eragaange sinn, sinn der 68 erfollegräich ofgeschloss ginn. 2020 war d'Clôture vun 29 Affären nach provisoersch. Dat heescht jo, dass d'Clôture vun deene Reklamatioune op Demande entweeder vum Reklamant oder och vun der Mediatrice selwer ënnerbrach ginn ass. Och dëst ka verschidde Grënn hunn.

Et muss een dës Zuelen trotzdem an de Kontext vun der Pandemie setzen – sou wéi dat och am Ufank vun der Madamm Monti hirem Rapport steet –, wou et zu Personalausfall komm ass, wou den Aarbechtsalltag net deen nammlechte war wéi nach virun der Pandemie. Dat gesäit een ëmsou méi, wann een de Verglach mat den Zuele vum Virjoer mécht. Zum Beispill sinn 2019 guer keng Reklamatioune provisoersch clôturéiert ginn. Op dëser Plaz wier et interessant ze wëssen, ob et nëmme der Pandemie geschëllt ass, dass dës Zuele sech par rapport zu 2019 verschlechtert hunn, oder ob et do nach aner Grënn gëtt. A wa jo, wat fir eng Grënn sinn dat? Vläch huet d'Madamm Monti do eng Äntwert drop. Ech weess et awer selwer net. Vläch huet si eng. Dat héiere mer dann an engem nächste Rapport, wa se eis dee presentéiert, well si ka jo elo haut net heirop äntweren. Voilà.

Den Taux de correction bei dësen Demanden interesséiert eis natierlech och. D'lescht Joer louch e bei houerregen 91,7 %. An dëst Joer huet deen Taux sech nach gesteigert, Dir konnt et liesen, op 93,3 %. Wann een dat genee analyséiert, huet e sech souguer an duebeler Hिसicht verbessert, well 2020 ass et an 80 % vun den Demanden zu enger ganzer Verbesserung komm. An dat waren 2019 nëmme 70,8 %. Och dat ass also eng Verbesserung.

Hei kann een der Ombudsman nëmme felicitéiere fir hir exzellent Aarbecht. An ech si gespaant op deen nächste Rapport, ob do nach eng Verbesserung dran ass. Dat kucke mer dann.

Et ass eng gutt Noriicht fir all Bierger, dee sech u sech net zefridde weist mat enger Decisioun an deen dann op de Wee vun enger Reklamatioun geet. Well d'Chance, dass dës Reklamatioun Friichten dréit, déi war jo u sech 2020 ganz héich. Am allerbeschte wier et jo awer, wa mer d'Aarbecht vun der Ekip vum Ombudsman iwwerhaupt net géife brauchen. Dat wär dat Allerbescht, well da wäre keng Reklamatioune do an d'Leit wären all zefridden. Mee ech mengen, dat si Wonschdreem an do komme mer ni hin.

Wat awer sécher ass: dass et an deene meeschte Fäll eng gutt Zesummenaarbecht vun de Gemenge mat der Ombudsman gëtt. Wann eng konstruktiv Zesummenaarbecht an eng gutt Kommunikatioun bestinn, da kënnen déi meescht Probleemer geléist ginn an et kann een dem Bierger sengen Doleancen och gerecht ginn. Hei wéilt ech all de Gemenge felicitéieren, déi dozou bäidroen, an och se ënnerstëtzen, de Wee vun der Kommunikatioun an der Zesummenaarbecht weiderzegoen.

D'Reklamatioune bezéie sech bei de Gemenge besonnesch op verschidde Matière wéi sozial Hëlfe, wourënn Aides au logement falen, oder och verspéiten Äntwerte vun eebe Gemengeservicer. Dese leschte Punkt ass een, op deem d'Gemengen u sech ganz vill kënnen bewierken, well eng zäitlech Äntwert an engem Dossier oder bei enger Doleance dacks d'Zefriddenheet vun dem Bierger maassgeblech beaflosst.

Wann Der erlaabt, géif ech gär bei dësem Punkt vun de Gemengen eppes bäifügen, an zwar dass d'Gemengen nieft der Mediatrice vun de Bierger mat der Ombudsman an hirem Ekip och nach eng Méiglechkeet hunn, en anere Service de médiation hire Matbierger unzebidden. Dës kommunal Mediationservice komplementéieren also perfekt d'Aarbecht vun der Ombudsman.

Ganz vill Gemengen, och déi, déi ech dann eeben e bësse besser kennen, bidden hiren Awunner e gratisen, vertraulechen, fräiwëllechen an onparteiischen Mediationservice, souguer an e puer verschiddene Sproochen, un. Dës Mediatrice huet zum Zil, Konfliktsituatiounen tëscht den Awunner zefriddestellend ze léisen, Sträit tëscht Noperen ze schlichten an eventuell Probleemer mateneen am Gudden ze klären, an dëst esou séier wéi méiglech. Nëmme esou kënnen d'Awunner zu hirem Alldag zréckfannen an hir ënnerleche Mëtt nees fannen.

Problemer sinn u sech do, fir geléist ze ginn, an déi sollen am beschten och schonn op lokalem Niveau geléist ginn. Ech sinn der Meinung, dass dës lokal Mediationservice en Deel vun der Léisung sinn a verstärkt agesat kënnen ginn, ier een dann e juristesche Recours muss huelen.

Komme mer awer elo erëm zréck zum Rapport vun der Madamm Monti. Statistesch sinn d'Zuele vun de staatlechen Etablissementer och ganz interessant. Den Taux de correction läit jo hei an dësem Rapport bei 81,5 %, wat u sech e bësse méi schlecht ass wéi d'lescht Joer, well do war e bei 87,2 %. Par contre, wann ee sech reng d'Zuele vun de Reklamatioune bei de staatlechen Etablissementer ukuckt, da kann ee feststellen, dass hei eng ganz gutt Aarbecht awer geleescht ginn ass. Et sinn am Joer 2020 nimmlech 722 Reklamatioune bei der Mediatrice erakomm. Par rapport zu 2019 ass déi Zuel erofgaangen. An et sinn der och 498 während deem Joer clôturéiert ginn. An dat ass, mengen ech, eng Steigerung zu dem Joer virdrun.

Bei dësen Etablissementer wollt ech ee Ministère besonnesch eraushiewen, well mer do d'Zuelen opgefällt sinn, dat ass den Ausseministère. D'Ombudsman huet 2020 genau 223 Reklamatioune betreffend den Ausseministère erakritt. Do ass dunn awer fläisseg geschafft ginn tëscht deenen zwou Associatiounen, der Ombudsman an dem Ausseministère, soudass 177 Reklamatioune definitiv clôturéiert konnte ginn, wat erfollegräich ass, well dese Ministère u sech iwwer 30 % vun alle Reklamatioune representéiert, déi géint Ministère erakomm sinn.

Wann ech all déi Tauxen an Zuele Revue passéiere loosse am Verglach mam Joer 2019, da kann ee sech awer kloer zefridde mat der Aarbecht vun der Ombudsman an hirem Ekip weisen. Et ass virun allem feststellen, dass de Bierger sech dacks un den Ombudsman geriicht huet, fir seng Probleemer mat verschiddene kommunalen an och staatlechen Etablissementer ze reegelen. An de Bierger huet an deene meeschte Fäll och gehollef kritt.

Wat d'Diminutioun vun den Zuelen ugeet, gëtt als Grond déi verstärkt Digitalisatioun vu kommunalen a staatlechen Servicer ugin. Meng Virriedner hunn dat jo

och scho gesot. An dëst soll och fir vill vun de Revendicatioune vu Bierger gesuergt hunn, wat een souwuel positiv wéi och negativ bewäerte kann. Fakt bleift, dass besonnesch dee Moment vun der Pandemie vill Bierger nach net gewinn waren, och nach net d'Mëtelen haten, alles digital ze maachen. A verschiddene Situatioune war den Zougang zu den öffentlechen Servicer net méi garantéiert, wat eeben zu Ongläichheeten an och zu méi Konflikter gefouert huet.

D'Digitalisatioun ass fir d'Emsetze vun der Iddi vun enger moderner an ëmweltfrëndlecher Gesellschaft ee vun den Haaptbausteng. Mee et muss een dem Bierger ëmmer den Accès zu alle Biergerservicer garantéieren. Dohier misst een deene Servicer, déi dat während der Pandemie, wéi sech d'Leit nach méi digital beweegt hunn, net konnten esou garantéieren, wéi dat misst de Fall sinn, mat op de Wee ginn, dass se fir d'Zukunft do e bësse Verbesserunge musse maachen, fir esou dem Bierger dee gréisstméigleche Service ubidden ze kënnen.

No de Statistike wëll ech awer elo e bëssen op d'Recommandatiounen agoen, déi d'Ombudsman formuléiert huet, an och kucken, wéi de Suivi do bei de verschiddene Ministère ass.

Am Ufank, mengen ech, ass eng Recommandatioun, déi och scho virdrun ugeschwat ginn ass, iwwert de Fonds du logement. Do ass nimmlech wierklech wichteg, dass dese Fonds du ..., dass de Fong säi Punktesystem fir d'Abt... O mei! Dat ass, wann een ze séier schwätzt. Ech muss méi lues schwätzen.

**Une voix | Loosst Iech Zäit!**

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) |** Et wär nimmlech wichteg, dass de Fong säi Punktesystem fir d'Attributioun vu subventionéiertem Logement u Kandidaten upasst, déi wéinst dem Verloscht vun engem festen Daach iwwert dem Kapp Punkte verluer hunn. Et misst deene Leit erméiglecht ginn, prioritär op der Waardelëscht ze stoen, besonnesch wann ee bedenkt, dass et eebe grad dës Leit sinn, déi sech an enger prekärer Situatioun befannen a schnellstméiglech e Logement bräichten.

D'Ombudsman huet dës Recommandatioun opgrond vum tragesche Fall vun enger Persoun formuléiert, déi eng prekär Wunnsituatioun akzeptéiert huet, well si wollt e méigleche Punkteverloscht verhënneren. An dat dierf net de Fall sinn! Dës Situatioun ass net nozevollzéien, well d'Prekaritéit an esou enger Situatioun nëmme nach verschëmmert gëtt, eleng duerch d'Angscht, Punkten ze verléieren an esou nach méi an der Waardelëscht no ënnen ze rutschen.

Dëser Recommandatioun ass jo, wéi Der och héieren hutt virdrun, scho Rechnung gedroe ginn, an dat ass och gutt esou! Och hei ass d'Aarbecht vun der ganzer Ekip vun der Mediatrice wichteg an och richtig, well si de Fanger an d'Wonne leeën an och hei hëlfe, d'Problematiken ze verbessern.

Bei der Evaluatioun vun de formuléierte Recommandatioune wéilt ech am Detail och nach eemol op den Ausseministère agoen. Do si mer d'Zuelen och opgefällt. Déi éischt Recommandatioun ass d'Flicht, dem Bierger eng Äntwert ze ginn. Dës ass vum Ministère akzeptéiert an och transposéiert ginn. Donieft huet dese Ministère och follgend Recommandatiounen akzeptéiert an transposéiert: éischters, Mesuren ze huelen, fir d'Evakuéiere vun den Dossieren ze beschleunegen, wat d'Entrée, de Séjour an d'Atellung vu Main d'oeuvre vun auslännesche Leit ugeet, an zweetens, wat den Titre de voyage vun Auslänner ugeet. Déi lescht Recommandatioun ass eng Méiglechkeet ze reese fir auslännesch Persounen, déi net kënnen an de Besëtz vun engem vun hirem Heemechtsland ausgestallten nationale Pass kommen. Den Ausseministère huet hei



och gutt Aarbecht gelescht an an der Ëmsetzung de formuléierte Recommandatiounen Rechnung gedroen.

Nieft dësem Ministère kann een awer och den Aarbechtsministère erwänen, dee ganzer sechs Recommandatiounen akzeptéiert an och transposéiert huet, dorënner d'Recommandatioun, déi d'Assignatiounskaarte fir d'Demandeurs d'emploi betrëfft.

All aner Ministère, déi ech elo hei net ernimmt hunn, hunn och opgrond vun der Madamm Monti hire Recommandatiounen gutt geschafft. Si stellt fest, dass ganzer 37 Recommandatiounen säit 2004 akzeptéiert gi sinn. Dëst ass e gudder Bilan. An an Zukunft soll dat och nach weider esou ëmgesat ginn.

Nieft de Recommandatiounen huet d'Ombudsman awer e groussen Deel vun hirem Rapport fir d'Reklamatiounen reservéiert. Un éischter Plaz stellt si fest, dass d'Gemenge sech am Allgemengen zimmlech vill Zäit loossen, fir op e Courier vun der Ombudsman oder engem Reklamant ze äntweren. Munchmol huet eng Gemeng guer net op de Courier geäntwert. A wann ech mech gutt erënneren, kommen esou Do-leancen och all Joer erëm.

Well vill Reklamante laang op eng Äntwert waarden oder guer keng kréien, wende si sech dann un den Ombudsman. An zum Beispill huet eng Persoun mussen dräi Joer op eng anstänneg Äntwert waarden. An dat kann et net sinn! Dat ass net gutt. Et ass awer och elo nëmmen eis Beispill an ech wëll och net soen, dass dat representativ ass, well ganz vill Gemengen – an dat ass och meng Iwwerzeegung – hir Missioun, dem Bierger ze déngen, mat guddem Gewëssen erfëllen, an dat och all Dag op en Neits. Et kënnen natierlech Feeler geschéien, och wa se solle vermidde ginn. Dat ass beim Fonctionnement vun enger Gemeng oder vun enger Administratioun awer och net ëmmer auszuschléissen.

Wéi Der scho matkritt hutt, hunn ech dëst Joer e bëssen de Fokus op den Ausseministère geluecht, an och esou bei de Reklamatiounen, wou et 2020 zu 223 Reklamatiounen komm ass am Kompetenzberäich vum Ausseministère. Hei konzentréieren ech mech op d'Demandes de protection internationale.

Wéi schon am Rapport vun 2019 sinn der Ombudsman nees d'Waardezäiten an den Dossiere vun dëser nationaler Schutzmoossnam opgefall. Et muss e bedenken, dass deen ugefroter Schutz immens wichteg fir Mënschen ass, déi dréngend Hëllef brauchen an hoffen, dass se dës an eisem Land fannen. Bei dësen Demanden geet et ëm Mënschen, déi, wéi gesot, schutzbedierft sinn, déi sech an en net Liewen opbaue wëlen. Deene Leit muss ënnert d'Ärm gegräff ginn. An dat maache mir hei am Land.

Wat d'Reklamatiounen aus dem Joer 2020 ugeet, muss d'Ombudsman feststellen, dass d'Demandeuren dacks keng Informatioun iwwert den Avancement vun hirem Dossier kréien oder iwwert déi méiglech Waardezäit. Deelweis ginn och d'Delaen net respektéiert. Dat ass net gutt esou, dat ass richtig. Mee déi international Situatioun ass awer ganz komplex. An och, wa se haut e bësse méi dramatesch ass, wéi se 2020 war, ass se awer net manner komplizéiert gewiescht. D'Dossieren, déi bei esou enger Demande mussen traitéiert ginn, si komplex, an eng fundéiert Decisioun kann nëmme geholl ginn, wann d'Analys vum Dossier komplett gemaach ginn ass. An esou eppes hält eben Zäit. Dofir muss een och heiansdo Versteedsdemech fir verschidde verspéiten Delaen opbréngen, och wann d'Demandeuren an enger ganz schlechter Situatioun sinn.

Duerch all dës Ëmstänn seet d'Ombudsman awer besonnesch der Direction de l'immigration Merci, déi trotz der Pandemie an der Komplexitéit vun den

Dossieren hiert Bescht ginn huet, fir dës Dossieren esou schnell wéi méiglech ze traitéieren.

Als Ofschloss muss ee constatéieren, sou wéi d'Ombudsman et och an hirem Avant-propos vum Rapport mécht, dass d'Bierger sech d'avantage un d'Administratiounen wenden, fir Léisungen ze fannen. Duerch d'Pandemie ass d'Wichtigkeet vun de kommunalen a staatlechen Administratiounen ëmsou méi kloer ginn: De Bierger huet USPriedpartner gesicht an och gebraucht.

An engem weidere Punkt kann een der Mediatrice och nëmmen zoustëmmen: D'Administratiounen hunn en immensen Effort gemaach, fir mat den Erausforderungen vun der Pandemie eens ze ginn an de Service um Bierger sou gutt wéi méiglech ze erfëllen. Ob dat elo d'Reorganisatioun vun hirem Servicer war oder och den Teletravail aféieren an organiséieren, an dat trotz heiansdo krankheetsbedéngten Ausfäll a sëllegen aneren Erausforderungen, d'Fonctionnaires op deene verschiddenen Niveauen hunn hir Aarbecht gemaach.

D'Pandemie huet dat Bescht an dat Schlechteste am Mënsch ervirbruecht. Immens Solidaritéit a Matgefill sti Schicksalsschläg an enger ugespaanter Stëmmung entgéint. De Bierger an d'Administratiounen hunn hiert Bescht gemaach, fir mat dëser ongewëinlecher Situatioun eens ze ginn an awer nach mënschlech ze bleiwen, wat menger Meenung no besser gelongen ass, wéi ee sech dat hätt kënnen erwaarden.

Mir müssen awer aus dëser Pandemie och Léieren zéien. Mir müssen eis bewosst sinn, dass et vill vulnerabel Leit ënner eis gëtt, déi op kommunal a staatlech Servicer an Administratiounen ugewise sinn. An do muss een och nach vläicht e bësse méi effikass ginn. Déi vulnerabel Leit sinn duerch dës Kris nach méi vulnerabel ginn. An duerch déi aktuell international Krichskris wäerten d'Ongläichheeten an de soziale Clivage nëmmen nach méi auserneegen.

An deem Kontext muss awer garantéiert ginn, dass den Accès zu de genannte Servicer fir all Mënsch gläich ass an dass ee sech muss de Besoin vun de Leit upassen, fir d'Missions de service public voll a ganz ze erfëllen.

Wéi d'lescht Joer an och déi Jore virdru sti mir als LSAP-Fraktioun wierklech hanner esou enger Institution wéi der Ombudsman. A mir soen hir en décke Merci, mat all hire Leit, fir hir Aarbecht, déi se mécht. A mir freeën eis elo schon op eng weider gutt Zesummenaarbecht an Sënn vun all de Bierger hei am Land. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Yves Cruchten (LSAP) |** Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Madamm Asselborn-Bintz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Hansen (déi gréng) |** Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Alleréischte wëllt ech och vun der Geleeënheet profitéieren, fir a mengem Numm an am Numm vu menger Fraktioun der Madamm Monti an hirer Ekip e grouse Merci ze soe fir hire Rapport 2020 an hir aldeegleche Aarbecht. An natierlech och fir hiren dagdeeglechen Engagement an der Covidzäit, wou d'Biergerinnen an d'Bierger sech ëmsou méi un öffentlech Servicer hu misse wendden a wou den Ombudsman sech schnell huet misse un d'Situatioun adaptéieren, fir d'Kontinuitéit vun de Servicer ze garantéieren an de Leit weiderhin ze assistéieren.

Och a Pandemiezeäiten ass et wichteg, dass den Ombudsman seng Roll als Mediateur ka spillen, deen am Sënn vum Wuelbefanne vun der Gesellschaft agéiert a reagiert, andeems e bei der Vermittlung bei

Konflikter hëlleft a soumat d'Gerechtkeet fërdert an de Matenee stäerkt. All Biergerin a Bierger huet an all Situatioun d'Recht op eng neutral Analys vum betreffende Konflikt an d'Recht, zumindest eng Erklärung dozou ze kréien.

Dir Dammen an Hären, ech wëllt just ganz kuerz op d'Zuelen an op déi eenzel Fäll aus dem Rapport vun 2020 agoen, well d'Rapportrice dat am Detail an hirem mëndlechen a schrëftlechen Rapport gemaach huet, fir déi ech der Madamm Oberweis och e grouse Merci wëll soen. An och meng Virriedner sinn am Detail op verschidde Fäll an Zuelen agaangen.

Ech begrëssen, dass mëttlerweil beim Relevé global d'Unzuel vun de Reklamatiounen an den Taux de correction pro Joer opgefouert ass, wat et erlaabt, e Suivi an der Zäit ze maachen. Bei de Gemengen ass dann awer just nach d'Unzuel vun de Reklamatiounen vun de Jore virdrun opgefouert an net méi den Taux de correction. Dëst ass schued, well besonnesch bei de Gemengen, wou den Ombudsman scho mol ganz kritesch war a souguer ugedréit hat, déi Gemenge mam Numm ze nennen, déi eng Kollaboratioun mam Ombudsman géife refuséieren, ass de Verglach vum Taux de correction vun engem Joer zum aneren awer eng Méiglechkeet ze kucken, ob d'Situatioun sech verbessert huet oder net.

Bei den eenzelne Ministère ass da weeder bei der Unzuel vun de Reklamatiounen nach beim Taux de correction de Verglach zu de Jore virdrun opgefouert. Och dëst wär interessant, fir e Suivi kënnen ze maachen.

Allgemeng stellt ee fest, dass d'Konfliktfäll sech virun allem ëm d'Beräicher Steieren, sozial Sécherheet, sozial Hëllef, Wunnen, Aarbecht an Immigratioun an Asyl dréien. Meeschtens geet et ëm laang Waardezäiten, d'Contestéierung vun der Legalitéit vu verschiddenen administrativen Praktiken, de Bien-fondé vu verschiddenen Decisiounen, d'Verständlechkeet vun der administrativer Sprooch an d'Verlaange vun engem bessere Service.

Här President, ech wëllt a menger Ried zum Rapport vun 2020 besonnesch op zwee Punkten agoen, déi och matenee verbonne sinn: Dat sinn d'sanitär Kris an d'Digitaliséierung vun den öffentlechen Servicer.

2020 gouf gepräagt vun der Sars-CoV-2-Kris an huet och d'Servicer vum Ombudsman souwéi d'Aarbecht vun den öffentlechen Verwaltungen staark impaktéiert. D'Unzuel vun den Ufroen huet sech zwar net vill verännert respektiv ass esouguer erofgaange par rapport zu 2019, mee déi sanitär Kris hat Auswierkungen op d'Aart a Weis vun der Gestiou vun den Ufroen beim Ombudsman.

Den direkte Kontakt huet bei enger Mediationsaarbecht en héije Stellewäert, well vill Verwaltungsprozesser ëmmer méi schrëftlech oder digital oflafen a soumat d'Novollzéibarkeet an d'Verständnis fir d'Biergerinnen an d'Bierger des Éfteren net ganz kloer sinn. Eng mëndlech Kommunikatioun dréit oft dozou bäi, dass een d'Situatioun respektiv d'Entscheidung vun der Verwaltung besser erkläre kann a soumat besser novollzéibar maache kann. Och Malentendue kënnen direkt identifizéiert an aus dem Wee geschafft ginn.

Duerch déi sanitär Kris hunn awer an de Verwaltungen eng Rei zousätzlech Prozesser a Servicer misse digitaliséiert ginn, well si sech hu misse reorganiséieren an och op Teletravail ëmstellen. Domat gouf d'Accessibilitéit vun den öffentlechen Servicer staark impaktéiert an den direkte Kontakt gouf deelweis duerch den digitalen ersat.

An hei läit genau de Problem, well net jidderee gläichberechtigt digital konnéktéiert ass respektiv

net jiddereen déi selwecht digital Kompetenzen huet. Duerfir huet d'Madamm Monti an hirem Rapport drop higewisen, datt jidderee muss e gläichberechtigten Accès op d'Verwaltungen hunn, onofhängeg vu sengem Accès zu Informationstechnologien oder de Kompetenzen, fir Verwaltungsvirgänger digital duerchezeféieren. Eng Verwaltung muss ëmmer accessibel bleiwen an dierf keng Persoun ausschléissen oder ausgrenzen. De Rechtsstaat muss weiderhi bestoe bleiwen, och an enger Kris.

Hei wéilt ech awer drop hiweisen, datt d'Regierung dat och esou gesäit. Duerfir huet se e Plan d'action national d'inclusion numérique ausgeschafft, deen am Oktober 2021 presentéiert ginn ass. Als Gréng begréisst mir d'Approche, d'Digitaliséierung vun de Verwaltungen weiderzedreiwen, parallel dozou awer Alternativen oprechtzerhalen fir déi Persounen, déi sech, aus wéi enge Grënn och ëmmer, net digital kënne konnectéieren, an och Méiglechkeeten ze schafen, fir déi digital Kompetenze grad wéi déi digital Accessibilitéit fir jiddereen ze verbesseren.

D'Kris huet awer och virun allem déi Leit getraff respektiv hir Situatioun verschlëmmert, déi sech souwiesou schonn an enger schwieriger a prekärer Situatioun befondt hunn an dann nach méi op déi öffentlech Verwaltungen ugewise waren an och op den direkte Kontakt. Duerfir fannen déi gréng et wichteg, datt d'politesch Opmierksamkeet net nëmmen op der Fracture digitale, mee och op der Précarité numérique, dat heescht der Fracture sociale am digitale Beräich, läit.

deéi gréng sinn awer och der Meenung, wéi den Ombudsman, datt een net all Servicer kann digitaliséieren. Do wou Fangerspëtzegefill an Empathie verlaangt ass, kann ee kee Computer derteschentschalten. Duerfir ass et fir eis extreem wichteg, datt all Verwaltung eng Analys mécht, bei wéi enge Servicer d'Digitaliséierung net zülfürend ass a wou et besser ass, an den direkte Kontakt mat de Biergerinnen a Bierger ze trieden, fir déi besteeënd Problemer besser a méi schnell léisen ze kënnen.

Et ass wichteg, Prozeduren anzeféieren, déi problematesch Fäll méi einfach identifiziéieren kënnen, fir da proaktiv op dës Fäll anzegoen a se net an der digitaler Endlosschläif dréinen ze loossen.

Här President, den Ombudsman beschäftegt sech awer net just mat eenzelne Fäll, mee schafft och bei recurrente Problemer Recommandatiounen aus. Vun 2004 u bis den 31. Dezember 2020 waren et der am Ganzen 53, wouvun der 37 akzeptéiert gi sinn.

Esou och d'Recommandatioun Nummer 53 aus dem Rapport vun 2020, wou et ëm d'Upassung vum Punktesystem beim Fonds du logement, fir eng Wunneng ze kréien, geet, déi och scho verschidde Virriedner vu mir ugeschwat hunn. Do war et nämlech esou, datt, wann eng betraffe Persoun keng Adresse effective hat, se keng Punkten a verschiddene Kategorië krut an esou am Klassement op der Lëscht, fir eng Wunneng ze kréien, zréckgefall ass, well et huet een zum Beispill e Logement gebraucht, fir d'Punkten an der Kategorie „insalubre, inhabitable, non adapté ou non doté“ ze kréien. Dat net bei enger Persoun gëllen ze loossen, déi sans domicile fixe ass, ass net onbedéngt logesch, well déi betraffe Persoun zousätzlech desavantagéiert gëtt.

deéi gréng begréissten et dofir, datt de Fonds du logement op d'Recommandatioun Nummer 53 vum Ombudsman am November 2020 favorabel reagiert huet an de Berechnungssystem deementsprechend geännert huet, soudatt Persounen, déi op der Liste d'attente beim Fonds du logement sinn an hir Wunneng verléieren, net méi defavoriséiert ginn.

Als leschte Punkt wéilt ech dann awer nach eng Kéier op eng al Revendication, och vun déi gréng, zréckkommen, an zwar, datt den Ombudsman och misst kënnen an de Beräicher aktiv ginn, déi eng Mission de service public hunn a wou d'Servicer mat öffentleche Gelder ënnerstëtzt, awer privat geréiert ginn. Typesch Beräicher sinn den öffentlechen Transport, Maison-relais, Privatschoulen oder Alters- a Fleegeheimer. Hei besteet eng Ongerechtegkeet par rapport zu deene selwechte Servicer, déi vun öffentlecher Hand geréiert ginn a wou den Ombudsman eng Kompetenz huet ze intervenéieren.

Ech wéilt dëst an de Kader vun der Pandemie setzen. Während deenen zwee leschte Joer ware vill Diskussiounen iwwert d'Alters- an d'Fleegeheimer. Déi verschiddenen Haiser hu Mesuren ergraff, fir d'Pensionnaire beschtméiglech ze schützen. Dëst hat awer en Impakt op hiren Entourage, hir Liewensqualitéit an et stounge vill Froen an Diskussiounen am Raum, déi och d'Rechtméissegkeet vun de Mesuren a Fro gestallt hunn. D'Fro stellt sech, ob net och hei eng Ulaftell wéi den Ombudsman vill Problemer hätt kënne léisen, andeem eng Mediation tëscht den Institutionen an de Pensionnaire respektiv hirem Entourage hätt kënne garantéiert ginn. Dëst wier awer net nëmmen an enger Pandemie sénnvoll, mee och allgemeng.

A wann ech scho bei den Altersheimer sinn, wéilt ech op e weidert aktuellt Thema agoen. 2022 an 2023 sollen zwee Altersheimer vum Grupp ORPEA op Märel an op Stroosse kommen. Dëse Grupp steet am Ausland säit e puer Méint staark an der Kritik weinst senger extremer Spuerpolitik, déi op d'Käschte vun der Gesondheet an dem Wuelbefanne vun de Bewunner an den Employéë geet. Et geet souguer rieds vu Mësshandlungen a schlechten Aarbechtsbedéngungen.

Aktuell huet de Grupp nach keen Agreement, fir sech zu Lëtzebuerg nidderzeloossen. D'Prozedur fir ze kucken, ob de Grupp d'Konditiounen erfëllt, leeft aktuell nach. D'Ministesch Corinne Cahen hat awer schonn erwänt, datt dës Zouloossung de Volet humain net en compte hält. Et ass allerdingse viséiert, dës Punkt ze beschwätzen an da gegebenefalls anzepassen. Fir déi gréng ass et wichteg, déi reng materialistesche Ausrichtung vun esou Agreementen ze iwwerdenken. De Volet humain dierf bei esou engem emotionalen a mënschlechen Thema wéi der Fleg vun eise Senioren net feelen.

Dëst aktuellt Beispill weist awer och, wéi wichteg et wier, datt och dës Infrastrukturen an d'Missionen respektiv den Aufgabebereich vum Ombudsman fale géifen, fir d'Bewunner an déi betraffe Leit besser ze beschützen an hinnen eng Stëmm ze ginn.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen** (deéi gréng) | Ofschléissend wéilt ech nach eng Kéier drop insistéieren, datt den Ombudsman eng extreem wichteg Aufgab als Vermittler tëscht de Bierger an de Verwaltungen huet. D'Zuele weisen eis däitlech, datt den Ombudsman d'Hänn voll ze dinn huet a vill Engagement an Empathie muss weisen, fir senger Mission gerecht ze ginn. Duerfir nach eng Kéier e grouse Merci. A Merci un Iech fir d'No-lauschteren.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Hansen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll vläicht direkt e Gedanken opgräifen, dee mäi Virriedner hei gesot huet, dat ass d'Kontroll an den Heemer fir

deéi eeler Leit. An ech mengen, do huet hien e Punkt opgeworf, dee mir och absolutt deelen, datt mer vläicht och d'Kompetenz vum Ombudsman an deene Strukturen mussen erweideren, kucken. Mee ech mengen, ech hunn ëmmer e Problem domat, wann eng Regierungspartei sech e bëssen hei als Opposition opspillt. Ech mengen, déi gréng sinn an der Regierung, si kennen déi Problematik ganz gutt. D'Madamm Cahen huet et hei e puermol erkläert, datt et besser ass, et huet een en Agreement, well een da ka kontrolléieren. Wann ee keen Agreement huet, huet ee keng Méiglechkeet, fir ze kontrolléieren. An ech mengen, et muss een déi Diskussioun dann och esou féieren. Mee datt do eng Kontroll fir all déi Strukturen muss sinn, ech mengen, dat ass ganz evident.

Ech wéilt och direkt mat engem anere mënschleche Sujet ufänken, ier ech un d'Intervention selwer kommen, dat ass, d'Kolleege vun der CSV ze bieden, och vun eiser Säit dem Max Hengel eng ganz gutt Besseerung ze wënschen, an datt e geschwënn erëm kann hei bei eis sinn a mat eis zesumme schaffen.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Madamm Oberweis, villmools merci fir Äre spannende Rapport, deen Der eis gemaach hutt. Et deet mer leed, datt ech Iech hu mussen ënnerbriechen, mee iergendwa wor do eng kleng Verwieslung. Mee ech mengen, Dir hutt awer hei dee Rapport vun der Madamm Monti op eng ganz exzellente Manéier virgestallt. Dofir soe mer Iech Merci, an natierlech der Madamm Monti, déi haut bei eis ass, hir an hirer Ekipp, fir eng Aarbecht, déi mer alleguer mengen ech, hei wierklech appreciéieren. An eis bescht Wënsch an eis Ënnerstëtzung, déi stinn Iech zou, Madamm Monti.

Gutt. Mir hunn elo hei vill héieren a wann een als Sechsten, mengen ech, drükënt, dann ass schonn alles gesot, oder bal. Duerfir wëll ech mech op e puer Punkte limitéieren. Dat fëscht ass: Mir hunn en héijen Taux u Korrektoren hei am Land. Dat muss een einfach gesinn. Et weist natierlech d'Nützlechkeet vun der Institution vum Ombudsman.

Et ass awer och e bësse Schlaraffeland. Mir liewen an engem Land, wou de Bierger nach ëmmer e relativ liichten Accès zu den Administratiounen huet. Wann en deen net huet oder net direkt Satisfaktioun kritt, da stinn Institutionen zur Verfügung, den Ombudsman, och am Verbraucherberäich hu mer dat, an de Gemengen hu mer dat, wou d'Leit sech awer kënnen un déi adresséieren an a ganz ville Fäll awer och Satisfaktioun kréien, iwwer 80 %, bei de Gemengen iwwer 90 %. Dat ass natierlech eng ganz, ganz flott Situatioun. A ville Länner vun der Welt ass esou eppes iwwerhaupt net denkbar.

Mir hunn allerdingse och eng Rei Problemer, op déi d'Madamm Monti ugespillt huet. Déi hunn esou e Charakter vun „Alle Jahre wieder“, awer ouni Chrëschtstëmmung dobäi. An dat ass emol de Problem vun den administrative Formularen. Ech sinn och dofir frou, datt den Här Hansen hei ass, als Minister net nëmme fir d'Relatioun mam Parlament, mee och fir d'Fonction publique. Ech kommen och herno nach vläicht op deen een oder aneren Aspekt dovunner zréck, mee déi Formulär vu verschiddene Verwaltungen, déi sollte mer vläicht systematesch op de Leescht huelen, och an der Kommissioun vun der Fonction publique.

Also wësst Der, et geet Iech vläicht, wéi et mir geet, ech kucken heiansdo déi Formularen an da froen ech mech: Wéi soll een dat verstoen? D'Steierverwaltung ass e wonnerbaart negatiivt Beispill – also fir d'Formularen, net wéi se schaffen. Et ass bestëmmt eng fantastesch Verwaltung, mee wann een dann esou Formulär liest: „précédé d'un signe négatif“ an



esou weider, dann ass et dat an dat, an ouni de Signe négatif ass et eppes anescht. Firwat schreiw se net einfach: „Vous avez droit à un remboursement“ an e puer Sproochen oder „Vous devez verser“ déi an déi Zomm bis dann an dann? Firwat kënnen dat net Formuléier sinn, déi esou formuléiert sinn, datt se net fir Maschinnen oder Spezialiste gemaach sinn, mee fir normal Leit?

D'selwecht mat de Rechnungsnummere. Et ass esou, ech weess net, ob et Iech geet wéi mir, mee ech soen Iech, wéi et mir heiansdo geet, wann ech e Virement oder eppes ausfüllen an ech eng Rechnungsnummer och op offizielle Saache vun de Verwaltung kreien. Dat sinn dann esou laang Nummere; da fänken ech un, d'Nullen ze zielen, fir keng ze vergiessen, an d'Eenten an esou weider. Ech huelen nach eng Lupp an ech maachen e laangen Examen, fir datt ech och déi richteg Nummer dohischreien. Firwat geet dat net méi einfach? An ech mengen, all Verwaltung kéint dach – an ech mengen, den Här Minister Hansen ass hei – einfach mol kucken, fir d'Rechnungsnummer op de Formulaires net uneneenzeschreien, well déi eeler Leit di mer leed, déi hunn dann esou eng Nummer do, wa se schon net gutt gesinn, vill vun hinnen; mir geet et op jidde Fall esou. Firwat dat net esou maachen, datt een et kann op eng einfach Manéier ofschreien, op eng einfach Manéier geréieren?

D'Sozialwunnengen, jo, dat ass natierlech eppes, dat hu mer an all Diskussioun. A mir hunn als ADR ëmmer gesot – well mir sinn natierlech an enger Penurie vu Sozialwunnengen –, mir hätte gär eng national Lëscht mat transparente Krittären, déi fir jiddereen nozevoll-zéi sinn. Iwwert d'Krittäre musse mer natierlech diskutieren, fir datt mer eng objektiv Situatioun an eng Gerechtegkeet do erakreien. An do ass vill Drock. Et ass natierlech d'Situatioun um Wunnengsmaat, déi hei am Land ganz schlëmm ass, mee et sinn natierlech och Problemer, déi mer nach selwer derbäigemaach hunn. An do muss ech soen, et ass einfach en Deel vum Problem, well an der Tëschenzäit – no deem, wat mer wëssen, mir wëssen et natierlech net genee – kënn e groussen Deel vun deem Drock op déi Sozialwunnengen natierlech och duerch d'Asylpolitik vun dëser Regierung.

Ech soen dat nach eng Kéier ganz kloer, awer mat aller Bestëmmtheit: D'ADR ass absolutt fir eng generéis Asylpolitik! Do ass guer keen Zweifel a mat der Ukrain hu mer et elo nach eng Kéier bewisen. Mir woren déi Éischt hei, déi opgestane sinn a gesot hunn: „Mir mussen déi Leit ophuelen.“ Mee ech soen awer gradesou daitlech do derbäi, datt fir eis den Asyl en zäitlech bedéngte Schutz ass an net eng Immigratioun. Dat ass nämlech genau dat, wat déi international Konventiounen virgesinn. Dat ass e Schutz, deen déi Leit kréien, esou laang se dat brauchen. Dat ass Asyl! An da musse se natierlech zréck an hir Länner, wa se kee Schutz méi brauchen.

Hei am Land gëtt dat als Immigratioun gehandhaabt. Dat ass et net! Dat soll et net sinn. Immigratioun ass eng Saach, Asyl a Protection internationale ass eng aner Saach. An deen Ennerscheid wëlle mer respektieren, sou wéi déi international Konventiounen, déi mir ratifizéiert hunn, et virgesinn. Dat heescht och, datt mer natierlech reegelméisseg mussen iwwerpräwen, ob déi Leit, déi dee Schutzstatut hunn, en nach brauchen. A wa se en net méi brauchen, da musse se eeben zréckgoen, woubäi mer hinnen och kënnen hëllefen – et ass net dat d'Diskussioun. Mee mir hätten gär d'Observatioun, de Respekt virun de Konventiounen. Wa mer dat maachen, hu mer natierlech och manner Drock bei de Sozialwunnengen. Dat si Realitéiten a mir géifen eis dorunner konforméieren.

D'Logements d'urgence, d'Madamm Monti huet dat ganz kloer gesot, déi sinn natierlech zu engem groussen Deel an der Responsabilitéit vun de Gemengen. Ganz schwierig! Wa mer schonn um normale Wunnengsmarché vun de Sozialwunnengen esou vill Problemer hunn, fir dann och nach Logements d'urgence zur Verfügung kënnen ze stellen, ass natierlech e groussen Defi. D'Gemenge mussen dat maachen. De Staat soll hinnen dobäi hëllefen. A mir mussen och drun denken, datt mer och bei esou Wunnengen un d'Accessibilitéit denken. Och fir Leit mat enger Behënnerung muss et méiglech sinn, an esou eng Wunneng kënnen eranzekommen, wa se dat da brauchen. Et ass also net nëmmen een, et ass en duebelen Defi: engersäits fir d'Wunnengen ze hunn, an op där anerer Säit awer och dann, wann een eng Behënnerung huet, fir der och dofir ze hunn.

En aneren Theemekomplex ass d'Fracture numérique, déi ganz Digitaliséierung, déi mer jo all gär hätten, an do huet d'Madamm Monti och op e Problem higewisen. Mir hunn e bëssen an der Gesellschaft e relativ groussen Deel vun Analphabetismus. Dat ass och e Problem, dee mer an eiser Gesellschaft hunn. Deen huet eng Rei Ursachen. Fir déi eng ass et e medezinesche Problem oder e psychologesche Problem, datt se eeben net oder net gutt liesen a schreiw kënnen. Fir déi aner ass et Verfall vun der Bildung. Ech mengen, mir hu Leit, och op héije Klassen, déi haut keen normale Saz op Verwaltungsfranséisch kënnen verstoen, mee dat ass e Problem vun eise Schoul-system. A mir hu vill Leit am Land, déi einfach eist Alphabeet net kënnen, déi mer eebe mussen iwwer Integratioun an esou weider, iwwer Moosnamen, well se aus engem ganz anere Kulturkrees kommen, einfach alphabetiséieren an eise Alphabeet, fir datt se iwwerhaupt kënnen u verschiddene wichteg Prozesser an eiser Gesellschaft deelhuelen.

Och dat ass en Defi. Dat musse mer onbedéngt maachen, fir datt mer déi Leit, déi bei eis kommen, zum Beispill well se Schutz sichen a Schutz zegutt hunn, awer an deem Sënn kënnen integréieren, datt se keng Fracture numérique hei erliden.

D'Grondrechter, do ass och e Meritt, deen d'Madamm Monti ganz kloer huet, wa si seet: „Mir hunn eng Diskussioun iwwert d'Grondrechter, de Respekt vun de Grondrechter ugefaangen an der Zäit vu Covid-19.“ Ma Gott sei Dank fänke mer un, doriwwer nozedanken! Mir hunn dat als ADR iwwert déi ganz Zäit systematesch vertrauden. Den Här Engelen huet et de Mëtten nach rappeléiert, wou mer bei all Gesetz oder bei ville Gesetzter och mat Nee gestëmmt hunn, well d'Grondrechter vun de Leit ageschränkt gi sinn. A mir mussen eis als Gesellschaft mat engem bestëmmte Recul – mir hoffen, datt mer déi Pandemie elo hanner eis hunn – iwwerleeën, wéi mer eis da positionéiert hunn, wéi mer mat de Grondrechter an där Zäit ëmgaange sinn.

D'Madamm Monti hat e puer Beispiller genannt, ech nennen Iech anerer, déi sinn eis wichteg: Wéi ass de Policeminister domat ëmgaangen? Wéi si mer mam Demonstratiounsrecht ëmgaangen? Gouf et eng rechtliche Basis, fir eng Demonstratioun ze confinieren? D'Äntwert ass Ne! Mee wéini kënnen mer endlech emol doriwwer diskutieren, Konsequenzen zéien, och Responsabilitéit froen? Eng Demokratie – a mir sinn eng a mir wëllen eng bleiwen – muss och kucken, wéi se a Krisenzäite mat de Rechter vun de Leit ëmgeet. Hu mer dat alles esou gemaach, wéi mer et misste maachen, wa mer eis ege Verfassungsprinzipie wëllen anhalen?

Mir hunn eng Rei Schwierigkeete mat der Kommunikatioun mat Ministären. D'Madamm Monti huet e puer Problemer opgezielt. D'Délais de réponse sinn heiansdo ze vill laang. Vlächtt hunn d'Ministären

net genuch Personal. De Minister vun der Fonction publique sëtzt hei. Vlächtt kënne mer de Guichet.lu ausbauen, dat ass eng vun de Suggestiounen. Eng administrativ Vereinfachung ass sécher net falsch.

Mee heiansdo, Här Minister, muss een och soen, datt Dir selwer an Ärem Ministère de Leit net äntwert. An et ass schéin, datt Der haut hei sëtzt, well mir haten dës Woch bei eis an der Partei nach eng Gewerkschaft, déi sech doriwwer beklot huet, datt se Iech zweemol geschriwwen huet a keng Äntwert kritt huet. Dat huet warscheinlech näischt mat engem Manktem u Personal ze dinne, mee ech wëll hei awer och un Iech appelléieren: Wann eng Gewerkschaft sech un Iech adresséiert, dann äntwert wannechgelift. Ech mengen, eng Regierung sollt dat maachen.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Zwee Punkten nach, fir ofzeschlëssen: Dat eent, de Sujet vun den Établissements de droit privé mat enger Mission de service public ass hei ugeschwat ginn. Jo, mir sollen doriwwer schwätzen, fir d'Kompetenz auszubauen. D'Institutionekommissioun an d'Petitionskommissioun solle sech zesummesetzen an dee Problem reegelen.

An ech wëll nach op eppes opmierksam maachen: An där neier Verfassung – Dir wësst, d'ADR ass kee grouse Fan dovunner – kritt den Ombudsman Verfassungsrang. A mir hunn ëmmer als ADR gesot, mir wäeren och bereet, fir punktuell Verfassungsännerungen ze maachen, well et gëtt der vill, déi sënnvoll sinn, an dat wär eng vun deene Saachen, déi mir och géife sënnvoll fannen. Also och an eiser Visioun vun enger Verfassung sollt eng punktuell Ännerung op jidde Fall méiglech sinn an d'Wichtigkeet vun der Institution Ombudsman och doduerch ënnerstrach ginn, datt se an der Verfassung déi néideg Plaz fënnt.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och fir déi Deeleradhesioun zu der Verfassung.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech si frou, Här President, datt ech Iech mat där leschter Bemierkung vlächtt eng Freed konnt maachen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, jo.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Den Owend fänkt gutt un.

*(Hilarité)*

Merci dem Här Kartheiser. Den nächste Riedner, an ech mengen och, de leschte Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Et ass e ganz wichteg Rapport, well en eng Kéier der Chamber erëmispigelt, wat eigentlech d'Problemer am Land sinn, well se eis Problemer am Staat sinn, dee mir jo als Chamber vertrieeden. An et ass awer och positiv, dass der ganz vill, iwwer 80 %, konnte geléist ginn. Dat ass de positiven Aspekt dobäi.

E grouse Merci un d'Madamm Monti an hir ganz Ekip. An Dir hutt och eis voll Ennerstëtzung, wann Der all déi kriddeleg Fäll ugitt, well dat sinn déi, déi ech mer e bëssen am Rapport erausgepickt hunn. Et si ganz interessant, kriddeleg Fäll. Dëst Joer wäert ech mech op d'Steierverwaltung konzentréieren. Do ware ganz interessant Sätz am Dokument. A mir Piraten stinn och derzou, dass, wann den Ombudsman weidert Personal oder Opstockunge bräicht, dass mir deem géifen zoustëmmen, well méi Bierger am Land bedeit och méi Aarbecht fir den Ombudsman.

Dat Digitaal, jo, ech hu mer dat e bëssen am Rapport ugekuckt, ech muss awer och ganz éierlech soen, wat dat d'Digitaal ubelaangt, do war viles 2020. An der Tëschenzäit huet an der Coronaepidemie virun allem de Minister fir Digitalen ganz viles nei op de Wee bruecht a sécherlech ass viles, wat 2020 an deem Rapport zu Recht nach kritiséiert ginn ass an och esou war, elo awer trotzdem e Schrëtt weider.

Ech wëll elo net de Minister ze vill luewen a soen, alles wär perfekt, mee en huet awer viles op de Wee bruecht, wat an déi richteg Richtung geet, wat dat Digitaal ubelaangt. An ech sinn och sécher, dass vill Bierger dat benotzen – zumindest ass dat de Feedback, deen ech vun de Bierger kréien –, sief et de Guichet, sief et déi nei Appen, an dass dat ganz gutt ukënnt.

Bei der Steierverwaltung, do huet mech virun allem ee Punkt gestéiert, deen am Rapport ze fannen ass, an zwar ass dat dee Punkt: „Saisie sur les remboursements de la CNS“. Ech hat mer deen dunn och an der Finanzkommissioun e bësse méi laang erkläre gelooss, well ech mer eigentlech, ier ech de Rapport gelies hat, net konnt virstellen, dass eis Steierverwaltung géif higoen a Saisien op der CNS (veuillez lire: op CNS-Remboursement) maachen.

Aus dem Rapport geet ervir, dass déi Persoun schwéier krank war an dass duerno déi Remboursementer vun der CNS, wéi si dunn hirer Aarbecht net méi konnt nogoen, an enger Saisie gelant sinn. Do hu mer dann e bëssen an deem ganzen Dossier gewullt an och d'Steierverwaltung gefrot, wéi dann allegueren déi Prozedure sinn. Do sinn dunn nach e puer Question-parlementairen nokomm.

An ech muss soen, ech hat herno nach méi Bauchwéi, wéi ech gelies hunn, wéi et bei der Steierverwaltung geet, well en plus ass et e bëssen esou e Menu à la tête du client. Dat ass dat, wat aus de Question-parlementairen erauskomm ass. An dat ass och e bëssen dat, wat am Rapport steet. Et ass nämlech esou, dass een eigentlech d'Chance muss hunn, dass een op e gudder Receveur fält, dee vläicht méi sozial agestallt ass a vläicht dem Bierger éischer entgéintkënn. Wann een awer op e méi knallhaarde fält, hat een einfach Pech. An dat ass och dat, wat d'Madamm Monti an hirem Rapport kritiséiert, a si schreift richtig: „D'Gesetzter ginn zum Deel bei der Steierverwaltung iwwerinterpretéiert.“ Si setzt se méi staark duerch, wéi eigentlech de Gesetzgeber, also mir, et virgesinn hunn.

An dat ass wierklech e Punkt, dee mer als Chamber eng Kéier misste méi déif diskutéieren, virun allem an der Finanzkommissioun, ob d'Steierverwaltung net awer heiansdo ze haart duerchgräift, wann et drëms geet, déi Steieren anzedreiwen, grad wann et esou Fäll sinn – bon, krank ginn oder aner Problemer, dat kann ëmmer virkommen –, an dass dat dann zu esou Problemer féiert!

Et ass a mengen Aen net d'Aufgab vun enger Steierverwaltung, fir d'Leit herno quasi dann an de Bankrott ze dreiwen, wa se scho Problemer hunn. An do ass et och ganz kloer, dass mir Piraten fuerderen, dass op dem Relevé, deen ee kritt, vill méi Méiglechkeete stinn, dass ee sech ka mellen, fir de Recouvrement vill méi einfach kënnen ofzebezuelen. Kucke mer e Beispill, elo rezent, do hat de Sven Clement eng Question parlementaire gestallt: Do si ganz vill Leit, déi mussen eng Steierschuld vun einfach emol 50.000 Euro op ee Coup zrëckbezuelen. Do stellt ee sech da Froen, wéi esou eppes iwwerhaupt maachbar ass, wann ee bedenkt, dass déi Leit jo awer nach Famill hunn a Präten an esou weider ze bezuelen hunn.

Wat déi eenzel Méiglechkeeten elo an der Steierverwaltung selwer ugeet, fir de Leit ze hëllefen, do hate mer eng Question parlementaire gestallt, fir nach eng Kéier méi Detailer ze kréien zum Rapport vun der Madamm Monti. A leider gëtt et do weeder eng spezifesch Formatioun nach soss iergendeppes, fir d'Mataarbechter dorop virzebereeden.

Ech muss Iech soen, mir hunn heiansdo bei eis am Büro vun de Piraten ganz tragesch Fäll. D'Leit ruffen eis jo ganz vill un, wa se Problemer hunn, fir eis drop opmierksam ze maachen. An do sinn och oft Problemer mat Steierverwaltungen – ech huelen un, net eleng mat der Steierverwaltung, mir haten der och mat der TVA, dem Enregistrement, mee virun allem mat der Steierverwaltung –, wou eis Mataarbechter da quasi mussen de psychologeschen Déngscht maachen, well déi Leit bei der Steierverwaltung net gehollef kréien. A mir Piraten stellen eis do vir, dass d'Steierverwaltung de Bierger awer do vill méi kéint entgéintkommen, well net all Bierger herno déi Méiglechkeet huet. Bon, et ass och immens komplizéiert, allegueren déi eenzel Punkten a Bréiwer vun der Steierverwaltung do ze liesen. Dofir stelle mir eis vir, dass et vill méi einfach verfaasst wär (veuillez lire: verfaasst misst sinn).

Dann nach eppes, op dat ech a mengem Rapport 2018 schonn agaange war, dat ass déi Geschicht vum Service public, wou de Staat immens vill Gelder dran investéiert, mee d'Ombudsman keen Accès huet. 2018 hate mer dat schonn an deem Rapport dofir extra virbruecht an ech hu gesinn, dass et dës Kéier nach eng Kéier drasteet. An ech sinn dann ëmmer e bësse wibbeleg an ech hunn net gären, wann eppes e puermol muss an de Rapporten stoen.

Dofir hunn ech eng Resolutioun matbruecht, wou mer froen, dass dat soll geännert ginn an dass deementsprechend den Ombudsman Zougang soll kréien zu den eenzelne Services publics – elo hunn ech se fonnt, et ass d'Recommandatioun Nummer 51 vum Ombudsman, déi solle mer nach 2023 ëmsetzen –, wat fir eis e ganz wichtege Punkt ass. Do falen d'Seniorien, d'Crëchen an allméiglech drënner. Et ka jo net sinn, dass déi Leit, wann déi awer trotzdem do beträff sinn, net déi Méiglechkeet kréien, dass den Ombudsman do Zougang huet. Mir schwätzen do jo awer vu Steiergelder, déi verwennt ginn. An am Fall, wou eppes sollt schifgoen, an ech mengen, dat kann nun emol an all Verwaltung, Administratioun oder Service public eng Kéier geschéien, och wann et e ganz gerénge Prozentsatz ass, si mir der Meinung, dass d'Ombudsman och sollt Zougang hunn. Dofir hunn ech haut déi Resolutioun matbruecht.

An nach e grouse Merci un d'Nathalie Oberweis a virun allem un de Joé Spier a seng Ekip, déi dat Gantz mam Rapport begleet hunn. An och allegueren de Kommissiounen zesumme merci, well ech hu matkritt, dass all eenzelne Sekretär vun de Kommissiounen ganz vill Aarbecht all Joer mat deem formidable Rapport huet. Mee en ass immens wichteg, well en der Chamber eng Kéier virun Ae féiert, wou nach Problemer sinn a wat een onbedéngt misst verbessern.

Dofir wär ech och frou, wann d'Analyse vun deem Rapport herno och verwäert géife ginn, fir eppes draus ze maachen. Mir mussen net all Joer einfach widderhuelen, wat schonn d'Joer virdrun drastoung, mee mir musse kucken: Wat kënnen mer konkret mat deem Rapport maachen? Wat kënnen mer konkret als eenzel Kommissioun hei an der Chamber weiderginn, fir dass mer kënnen eppes Besseres maachen? Et ass, fir de Bierger méi zefriden ze maachen, an et ass, fir d'Bild vum Staat ze verbessern.

Merci.

## Résolution 1

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

– den Ombudsman an hir Ekip droen zu enger Verbesserung vun eise Verwaltungen bäi a sinn eng wäertvoll Ulaßstell fir eis Biergerinnen a Bierger;

– den Ombudsman huet laut Artikel 2 vum Gesetz vum 22. August 2003 d'Aufgab, fir d'Uwendung vun internationale Konventionen ze kontrolléieren;

– de Staat huet eng Verantwortung, fir d'Établissements de droit privé chargés d'une mission de service public ze kontrolléieren, an dës sollten och vum Ombudsman kontrolléiert kënnen ginn;

– d'Biergerinnen a Bierger hu laut dem Code de conduite vun der Fonction publique e Recht op eng Äntwert a sollten och e Recht hu fir ze wëssen, wéini dës Äntwert spéitsstens wäert kommen;

– dass d'Recommandatioun Nummer 51 schonn Deel vu viregte Rapporten war, esou zum Beispill am Rapport 2018.

Aus dëse Grënn decidéiert d'Chamber vun den Deputéierten,

– d'Recommandatioun Nummer 51 vum Ombudsman bis 2023 ëmsetzen.

(s.) Marc Goergen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Très bien!

(Brouhaha)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Ech weess, dass de Marc Hansen e ganz gedëllege Minister an de Relatiounen mam Parlament ass. A selbstverständlech huet elo den Här Marc Hansen, Minister fir d'Relatiounen mam Parlament, d'Wuert, mee ech hu mer just erlaabt gehat, eng Kéier iwwert déi Resolutioun ze kucken, a just eng Réaction à chaud, wann et mer erlaabt ass: Esou Resolutiounen hunn natierlech méi Chancen, wa se an där Kommissioun, déi de Suivi mécht, och kënnen virdru behandelt ginn. Mee dat ass just vläicht, wann Der Ärem Président faisant fonction dat erlaabt, eng perséinlech Bemierkung.

De Minister fir d'Relatiounen mam Parlament huet d'Wuert.

## Prise de position du Gouvernement

**M. Marc Hansen**, Ministre aux Relations avec le Parlement | Här President, léif Deputéiert, et ass jo traditionell, dass de Minister vun de Relatiounen mam Parlament oder de Fonction-publiques-Minister dee Mëtteg hei ass, wou déi heiten Debatt gefouert gëtt. Haut ass et jo dann och nach nëtzlech, wann den digitalisationsdelegéierte Minister hei steet. Dat ka vläicht och hëllefen, fir verschidde Sujeten eng Kéier kuerz hei ze belichten.

Vläicht eng kleng Remark am Ufank, well jo jiddwereen e bëssen d'Zuelen hei belicht huet, géif ech mer dat natierlech och erlaben. Et si 722 Reklamatiounen, déi de Staat concernéieren, erakomm. Dovunner waren der 670 recevabel. An ech wëll dat, an ech widderhuele mech do par rapport zu deenen anere Joren, e bëssen an de Kontext setze vun all den Transmissiounen, Demarchen, Akten, Arrêtéen, déi beim Staat gemaach ginn: Dat si Milliounen Demarchen, déi am Kontakt mat dem Bierger oder mat de Betriber gemaach ginn, et sinn, wann ech eleng déi digital kucken iwwert de Guichet, wat net deen eenzege Prestataire ass am digitale Beräich, d'lescht Joer 3,8 Milliounen Demarché gewiescht – da schwätze mer hei awer vu ganz klengen Zuelen!



An ech wëll natierlech elo op dëser Plaz – an do hutt Der alleguerte Recht gehat – net deen eenzelnen Dossier hei méi schwach maachen oder méi onwichtig, wéi en ass, mee et sinn awer hei wäit méi wéi 99,5 % vun den Demarchen oder de Kontakter, déi d'Bierger hu mat dem Staat, déi am Fong net zu enger Reklamatioun féieren.

Ech wëll awer och zu deenen Zuelen, déi dann an dem Rapport vun dem Ombudsman stinn, soen, dass een natierlech och éierlechkeetshallwer muss soen, dass net alleguerten d'Leit bei den Ombudsman ginn, mee et gëtt och e ganze Koup vu Prozesser, déi gefouert ginn, wou et natierlech dann och vläicht onzefridde Betriber oder Bierger gëtt. Mee alles an allem ass dat awer eng ganz kleng Zuel, iwwert déi mer hei schwätzen.

An dofir sinn ech awer e bësse paff, wann dann esou Terme fale wéi „Dysfonctionnement“. Dysfonctionnement, mengen ech, ass eng Terminologie, déi mer gebrauchen, wa riseg strukturell Problemer optauchen a wou dat bewosst gemaach gëtt. A bei där heiter Zuel da vun Dysfonctionnement ze schwätzen, mengen ech, ass eng Terminologie, déi ech net ganz kann appreciëieren.

Ech wëll op där heiter Plaz dann awer och nach e strukturelle Problem eng Kéier uschwätzen, deen ech och, mengen ech, d'lescht Joer schonn thematiséiert hat. Ech weess, den Här Galles war Rapportier, souwäit ech mech erënneren.

Dir schwätzt hei natierlech och an der Chamber iwwert d'Gemengen an d'Reklamatiounen, déi d'Gemengen ugin. Déi sinn natierlech an hirer Autonomie communale, déi sinn net ënner Ärer direkter Tutelle. Mir Ministère stinn ënner Ärem Contrôle. Mir komme bei Iech an d'Chamberskommissiounen, mir kënnen eis Remarque maachen. Mee d'Gemengen en tant que tel gi wuel am Rapport opgefouert, mee dat ass awer vläicht net an engem Echange mat engem Buergermeeschter oder och mam Syvicol. Do weess ech net, wéi déi déi Diskussiounen féieren. Mee dat war ee vun deene Sujeten, déi mer d'leschte Kéier och hei thematiséiert haten. An da musse mer awer deen néidege Respekt hunn, dass natierlech de Mediateur dat ka kucken, mee dass natierlech och d'Replik ka komme vun deene Buergermeeschteren. Do gëtt et vläicht Grënn, déi dann net an der Chamber debattéiert ginn. Dat wëll ech awer och eng Kéier op dëser Plaz bemierkt hunn.

Da sinn an den Diskussiounen, déi haut de Mëtteg hei gefouert gi sinn – an natierlech zu Recht iwwert deen een oder deen aneren Dossier –, dann esou Sätz gellaf: „d'Gesetzter flexibel ëmsetzen“, d'Rigidité administrative, déi sollt een e bësse eng Kéier a Fro stellen. Ech wëll soen, an ech hunn dat d'lescht Joer och scho gemaach, ech maachen dat och nach eng Kéier dës Kéier hei: Deemno wat fir eng Gesetzter e Ministère e bësse méi flexibel ëmsetzt, da sti mer hei, och als Regierung oder als Beamten, a mir kréien dann och e puer Remarque gemaach, well en Dossier vläicht méi héich geluecht ginn ass an e bësse méi séier oder anescht behandelt ginn ass.

Wann also Gesetzter flexibel ëmgëtt ginn, do verstinn ech dat, wat hei gesot gëtt, mee dat huet awer natierlech och ëmmer e Revers vun der Medail. An dat solle mer awer an eiser Diskussioun hei och korrekterweis eng Kéier ernimmen.

Dann ass ganz vill geschwat ginn iwwert de mënschlechen Ëmgang zwëschen de Beamten an de Bierger. An et ass awer och e bësse hei geschwat gi vun Tensiounen oder Mësstrauen, wat e Beamten huet vis-à-vis vu Leit. Abee, ech soen Iech, an elo schwätzen ech als Fonction-publiques-Minister: Mir hunn 32.000 Leit beim Staat schaffen, déi ginn alleguerte geschoult! Déi

maachen eng exzellent Aarbecht a si gutt Fonctionnaires, fir hir Missiounen ze erfëllen. An dass dat awer elo e bësse esou en allgemenge Constat wär, dat kann ech natierlech och net op dëser Plaz stoe loosse. Déi Leit hunn heiansdo kniwwleeg Missiounen. Et ass vläicht net ëmmer agreabel, wann een eppes kontrolléiere muss, mee dat gehéiert zu hire Missiounen mat derbäi. A mir si frou, dass mer eng Fonction publique hunn, déi dat mécht.

An dann ass dat natierlech e bësse esou, op engem Nomëtteg hei, an der Duerstellung an och bei deenen Zuelen, déi ech éinescht genannt hunn, wéi wann dat sech esou géif wéi e roud Fuedem duerch d'Administratiounen zéien. Dat kann ech op dëser Plaz net stoe loosse, well dat ass definitiv net de Fall! Et gi ganz vill Leit, déi am Alldag hir Aarbecht gutt maachen a genee hir Missiounen, déi se vum Gesetz hier hunn, och erfëllen.

Ech géif op dëser Plaz dann och iwwert dee Volet vun dem Joer 2020 schwätzen, den digitale Volet, well dat ass jo och e wichtige Punkt. 2020 war e groussen Ëmbruch. Do si ganz vill Saache vläicht nach net esou gelaf, wéi et hätt sollen. Et gouf och, wéi am Rapport steet, e puer Bugs an e puer Problemer, wat d'informatesch Servicer ugeet, dat ass alles ganz richtig. Mee ech kann Iech soen, déi Efforten, déi gemaach gi sinn, souwuel bei de Gemenge wéi beim Staat, fir ze digitaliséieren an op d'mannst esou nach eng Ouverture ze loosse, déi waren natierlech och impressionnant. An dat sinn och heiansdo Herkulesaarbechten, déi gemaach gi si vun deene verschiddenen Administratiounen.

**Une voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen**, Ministre aux Relations avec le Parlement | Den Accès ëmmer opale fir all Service public, dat ass och an der Pandemie op ganz ville Plaze gemaach ginn. Et si ganz vill Guicheten, déi sinn opblawwen, wou ee konnt op Rendez-vous – vläicht méi komplizéiert – bäikommen, well et natierlech sanitär Restriktiounen gouf, mee déi Servicer goufen offréiert. An ech wëll Iech soen, dass och de Guichet. lu, also och mat sengem physische Guichet, extra dofir do ass, an der Pandemie an och elo, fir dass Leit kënnen dohinnerkomme mat hirem Dossier a gewise kréien, wéi dat da fonctionéiert a wéi mer kënnen domadder ëmgoen.

Da kënnst dee Volet, deen ech immens appreciëieren – an et ass jo grad driwwer geschwat ginn, dass mer an enger Demokratie sinn –, deen Exercice, dee mer jo hei maachen: Hei ass jo kee méi, deen heihikënn an den Ombudsman a Fro stellt als Institution. Dat gëtt jo guer net méi gemaach! Et gëtt eebe mat deenen heite Punkten an de Kommissiounen kritesch ëmgaangen. Op ganz ville Plaze gëtt et Léisungen, déi ginn ëmgëtt, do gi Léisungen fonnt. An ech mengen, dat ass och de Meritt eng Kéier vun der Chamber, well se eeben déi Institutionen bäigesat huet an dass kënnen esou Saachen iwwerhaapt stattfannen!

An ech fannen et natierlech dofir och wichtig, dass mer och an der Kris an an dem Joer 2020 e Rapport vun dem Ombudsman, der Madamm Monti, an der Ekippe kritt hunn, fir dass mer kënnen kucken, wat do d'Problemer waren, a fir mat där Kritik och kënnen korrekt ëmzegoen.

An dofir wëll ech eng Terminologie aus dem Rapport vun der Madamm Monti hei ervirsträchen. Si schreift, dass si „solutionneurs“ vu Problemer sinn. Dat Wuert ass perfekt gewielt. Do wou et geet, si se zesumme mat den Administratiounen, wa se dann dor hige-wise ginn, Solutionneure vu Problemer. Esou solle mer dat gesinn. Esou solle mer domadder ëmgoen.

An esou solle mer och an Zukunft un de Servicer vum Staat an och vun de Gemenge schaffen.

Zu der digitaler Fracture: An deem, wéi Formulairë geschriwwen sinn, wëll ech och drop opmierksam maachen, dass extreem Efforte gemaach ginn an der Digitalisatioun, fir allméiglech Sitten an der Leichter Sprache hinzekréien, fir dass op d'mannst d'Leit – déi vläicht méi Suergen hunn – mat der juristescher Terminologie, déi heiansdo muss sinn an och muss geschriwwen ginn, kënnen ëmgoen an déi verschidde Formulieren oder Säite kënnen korrekt liesen an interpretéieren. Mir schaffen dorunner. Dat ass keen einfachen Exercice, well et och net vill Leit gëtt, déi déi Leichte Sprache kënnen an der Realitéit op e Formulaire setzen, mee do gi reegelméisseg och där doter Efforte gemaach.

Déi digital Fraktur, do ass de Plang opgestallt gi vun der Inclusion numérique an dee gëtt och eng Kéier, mengen ech, hei an der Chamber debattéiert. Ech mengen, den Deputéierten Arendt huet esou eng Interpellatioun ugefrot. Et gëtt e Plan d'action national d'inclusion numérique mat 40 konkreeten Initiativen, wou et genee drëm geet, fir op déi digital Vulnerabel opzepasst. A viru Kuerzem, op der Journée nationale de l'inclusion numérique, goufen 150.000 Euro Subside verdeelt un Associatiounen, déi sech ëm déi do alleguer bekëmmere. Ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, dass een dorobber soll schaffen.

An dann huet den Här Goergen eppes gesot an d'Madamm Oberweis eppes gemaach haut, wat genee de richtige Wee ass. Den Ombudsman, deen hânt ënnert der Chamber, an dann ass et natierlech ëmmer d'Saach, wann dann där Saachen optauchen: Ma da ka jo och de Gesetzgeber legiferéieren!

Ech mengen, d'Madamm Oberweis huet eng Proposition, vläicht zum falsche Moment, mee si huet awer hei eng Proposition deposéiert; den Här Goergen huet gesot, dat sollt gemaach ginn. Natierlech kommen Texter vun der Regierung. Ech weess elo net op dëser Plaz, ob dat gutt Texter sinn, dat wëll ech elo guer net bewäerten. Mee wann awer d'Chamber selwer kann déi Saachen opgräifen, ma da sidd Dir de Legislateur an dann ass dat awer, mengen ech, de Wee, wéi een och op verschidde Plaze kann awierken a wou och heiansdo Detailer kënnen adaptéiert ginn. An do sinn ech da bal sécher, dass dat dann och wäert de Support fanne vu ganz ville Leit an Deputéierten, déi hei an der Chamber sinn.

Mat de Solutionneure vun de Problemer, mat der Ekippe vun der Madamm Monti, ass et fäerdegbruecht ginn, fir e ganze Koup Problemer richtzebeien. A wann ech déi Zuelen do alleguerte richtig interpretéieren, sinn dann d'lescht Joer nach, nodeem d'Madamm Monti an hir Ekippe intervenéiert hunn, 406 Dossierien iwwregbliwwen beim Staat, déi vläicht net geléist goufen. A wann ech déi dann erëm a Relatioun stelle mat deene Milliounen Dossierien, mengen ech, ass dat awer eng gutt Aarbecht. A mir als Lëtzebuerg kënnen eis dann op de Fändel schreiwen, dass eis Institutionen awer fonctionéieren, mat deene verschiddenen Organen, fir dass de Bierger an de Betriber geholfen ka ginn.

E leschte Punkt nach, well gesot gëtt: „Et geet drëm, fir d'Vertrauen an d'Politik an an d'Administratiounen ze verbessern.“ Dat hunn ech, mengen ech, schonn eng Kéier d'lescht Joer gesot: Déi Decisiounen hei, dat si meeschtens keng politesch Decisiounen! Dat sinn administrativ Decisiounen, wou Leit, Fonctionnaires sech – a Gott sei Dank – un d'Texter halen. An dann ass et e klengen Ënnerschied, ob ee Vertrauen an d'Politik huet oder Vertrauen an d'Administratiounen. Ech gi vill vun deenen Decisiounen net selwer decidéieren. Dat ass eng Décision administrative, wou ech

d'Problemer éinescht e bësse beschriwwen hunn. An dofir mengen ech, datt dat, wat mer hei maachen, einfach e Weiderkommen ass, fir kënnen de Bierger an de Betriber ze hëllefen.

Dank gudde Fonctionnairë si mer op engem ganz niddregen Niveau. Dank de „solutionneurs de problèmes“, déi bei der Madamm Monti sëtzen, maache mer deen Taux nach méi kleng. An ech mengen, op deem Wee solle mer weiderschaffen an och dat heiten, dee Rapport a wat do drasteet, ëmmer ganz seriö huelen. Dat hëlleft eis alleguerten!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci dem Här Minister. An ech kann em versprechen, dass mer him wäerte follegen, wat d'parlamentaresch Initiativen ugeet.

### Résolution 1

Dat gesot, si mer éischens um Enn vun eise Debat ukomm an zweetens hu mer e Projet de résolution hei virleien. An ech géif da froen, wien dozou wëllt schwätzen. De Marc Hansen.

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Jo, villmools merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | An de Paul Galles.

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Merci, Här President. Also déi Resolutioun, Dir kennt Iech et jo denken, ass mer ganz sympathesch. Ech wëll awer soen, dass mer am Rapport vun der Madamm Oberweis de Punkt 14 eigentlech unanime ugeholl hunn, dass mer d'Madamm Ombudsman géifen an d'Kommissioun invitieren, fir justement iwwert deen dote Punkt ze diskutieren. U sech ass dat doten e Punkt, dee mer schonn decidéiert hunn. Duerfir sinn ech eigentlech der Meenung, dass mer iwwert dat doten elo net méi brauchen ofzestëmmen.

Et wär natierlech esou, mengen ech, dass mer dann an der Petitiounskommissioun d'Madamm Ombudsman missten invitieren an deen dote Punkt eebe weiderdriewen, dee mer alleguerten unanime am Rapport vun der Madamm Oberweis ugeholl hunn.

Duerfir géif ech proposéieren, dës Resolutioun elo net ze stëmmen, well et eigentlech schonn en cours ass. Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. De Paul Galles.

**M. Paul Galles** (CSV) | Jo. Merci, Här President. Et ass d'Recommandatioun 51. Also ech hat se d'lescht Joer a mengem Rapport, de Marc Goergen hat se dat Joer virdrun och a sengem Rapport, d'Nathalie Oberweis huet se dëst Joer a sengem Rapport. Et ass eng, déi sech elo schonn iwwert d'Joren duerchzitt a vun där

mer ëmmer all Joer, Joer fir Joer iwwerzeegt waren, dass se eigentlech ganz gutt wär.

Ech si mer net ganz sécher, ech mengen, dass am Kader vun deem neie Gesetz ronderëm d'Altersheimen tatsächlech och e Mediateur elo virgesinn ass. Dat sinn ëmmer esou Saachen, déi ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo.

**M. Paul Galles** (CSV) | Mee dat ass eebe schonn eng Saach, en Deel, wou mer genau an déi dote Richtung géife goen, wou mer jo géifen der Richtung vun dëser Resolutioun Recht ginn, andeems mer schonn eppes hätten, wat an déi Richtung géif goen, fir dat ëmzesetzen.

Ech huelen dem Marc Hansen seng Bemierkung elo seriö, well ech fannen, datt dat eng gutt Bemierkung ass. Dat muss natierlech elo de Marc Goergen entscheeden. Mir wëllen natierlech dës Resolutioun, op alle Fall vum Sënn a vum Zil hier, ënnerstëtzen, dat ass ganz kloer. Wann elo de Marc Goergen op déi Bemierkung vum Marc Hansen hin herno seet: „Ma dann huele mer dat elo an d'Kommissioun, dat gëtt do diskutiert!“, dann ënnerstëtze mer dat och.

Mir hätten op alle Fall gären, dass dës Resolutioun elo duerchdiskutiert gëtt an dass mer och esou séier wéi méiglech do zu Potte kommen, well ech mengen, dass et, eebe well se sech schonn esou laang hinczitt, elo de Moment wär, fir se och eng Kéier ëmzesetzen.

Merci villmools.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Ech géif vläicht fir d'éischt der Madamm Oberweis d'Wuert ginn an dann d'Wuert un de Marc Goergen zréckginn. Madamm Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Merci och de Piraten fir dës Resolutioun. Ech hunn näischt derbäizefügen. Mir ënnerstëtzen dës Resolutioun natierlech. Mee effektiv muss ee jo kucken, wat d'Piraten entscheeden. Op jidde Fall si mir mat derbäi, wa si se wëlle bäibehalen, fir se ze ënnerstëtzen, absolutt.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. De Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also ech hat dat dote schonn 2018 a mengem Rapport stoen. Dofir ass et mer nämlech opgefall. Do stoung genau dat selwecht. An dofir verstinn ech elo dem Här Marc Hansen – vun der Chamber, dem Deputéierte Marc Hansen – seng Remark net, well deemools stoung och scho ganz genau dran, dass misst eng „commission parlementaire compétente enfin discuter cette recommandation“.

Ech mengen, mir kënnen et all Joer nach eng Kéier ofstëmmen an engem Rapport, wou dann näischt

geschitt. Ech sinn och gäre bereet ze soen, mir loosse déi doten elo en attente, a wann näischt geschitt ass an zwee Méint, da bréngen ech se erëm. An och, dass mer an der Kommissioun virdrun eng Kéier driwwer diskutieren a se dann ëmsetzen. Mee ech wëll awer net, dass elo einfach gesot gëtt: „Dat steet an engem Rapport“, an da geschitt erëm Joren näischt!

Ech si bereet, se en attente ze halen, fir dass mer an der Kommissioun driwwer diskutieren, ...

(Interruption)

Gelift?

(Interruption)

... a se „en veilleuse“ ze halen ...

(Brouhaha)

... an dann erëmzebréngen, sollt näischt geschéien. Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | De Marc Hansen nach eng Kéier.

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Jo, also ech géif soen, et wär da vläicht sënnavoll, wa mer géifen d'Resolutioun mat an d'Kommissioun huelen an dann e Rendez-vous mat der Madamm Monti maachen a kucken, ob se dann hifälleg gëtt oder net. Domadder kann ech och liewen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci.

### Vote sur le renvoi de la résolution 1 en commission

Ass d'Chamber do dermat d'accord? Och den Auteur?

(Assentiment)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Verweis an d'Kommissioun.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo.

(Brouhaha)

**Plusieurs voix** | An d'Kommissioun.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dat schéngt mer d'Unanimité ze sinn.

(La résolution 1 de M. Marc Goergen est renvoyée à la Commission des Pétitions.)

Dat ass eng konstruktiv Approche, dat ëmsou méi, well mer am Dialog bleiwe mat der Ombudsman, fir hiert Gesetz ze adaptieren. A just eng Prezisioun, wat d'Personal ugeet: Do komme mer als Chamber meeschtens, allermeschtens, wann net ëmmer, den Demandé vun der Ombudsman no. Merci.

Dat gesot, wënschen ech Iech nach en agreablen Owend, an da Rendez-vous d'nächst Woch. Merci.

D'Sëtzung ass eriwwer.

(La séance publique est levée à 18.26 heures.)



## Sommaire

1. **Ouverture de la séance publique** ..... p. 36  
M. Fernand Etgen, Président
2. **Communications** ..... p. 36  
M. Fernand Etgen, Président
3. **Ordre du jour** ..... p. 37  
M. Fernand Etgen, Président
4. **7894 – Projet de loi modifiant :**  
1° la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;  
2° la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;  
3° la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques ; b) la création d'un Centre de gestion informatique de l'éducation ; c) l'institution d'un Conseil scientifique ;  
4° la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental ;  
5° la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ;  
et abrogeant la loi du 20 juin 2020 portant dérogation :  
1° aux chapitres 2 à 3 quater de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ; 2° à l'article 5 de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire ..... p. 37  
Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Claude Lamberty  
Discussion générale : Mme Martine Hansen | Mme Francine Closener | Mme Josée Lorsché | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7894 et dispense du second vote constitutionnel
5. **7978 – Projet de loi portant création d'un lycée à Luxembourg et modification de la loi du 17 décembre 2021 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022** ..... p. 40

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Claude Lamberty  
Discussion générale : Mme Martine Hansen | Mme Francine Closener | Mme Josée Lorsché | M. Fred Keup (interventions de M. Dan Kersch, M. Mars Di Bartolomeo et M. Max Hahn) (dépôt de la motion 1) | Mme Myriam Cecchetti (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (interventions de Mme Martine Hansen et Mme Myriam Cecchetti) | Mme Myriam Cecchetti (parole après ministre) (interventions de M. Sven Clement et M. le Ministre Claude Meisch) | M. Fred Keup (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Meisch  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7978 et dispense du second vote constitutionnel  
Motion 1 : M. Gilles Baum (intervention de M. Max Hahn) | Mme Martine Hansen | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement | M. Fred Keup (intervention de M. Fernand Kartheiser)  
Vote sur la motion 1 (rejetée)
6. **Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet de l'urgence de réglementation des tâches du personnel éducatif et psycho-social des centres de compétences** ..... p. 47  
Exposé : Mme Myriam Cecchetti (dépôt des motions 1 et 2)  
Débat : Mme Martine Hansen | M. Gilles Baum | Mme Simone Asselborn-Bintz | Mme Josée Lorsché | M. Fred Keup | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Myriam Cecchetti (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Meisch  
Motion 1 : M. Gilles Baum | Mme Martine Hansen | M. Fred Keup | M. Sven Clement | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Simone Asselborn-Bintz | M. Gilles Baum | Mme Myriam Cecchetti (intervention de M. Gilles Baum)  
Vote sur la motion 1 (rejetée) (intervention de M. Sven Clement)  
Motion 2 : M. Gilles Baum | M. Sven Clement | Mme Martine Hansen | M. Fred Keup  
Vote sur la motion 2 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouve : M. Claude Meisch, Ministre.

(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Nee, Här President.

## 2. Communications

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten a vun de Propositionen de loi, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass och verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass och verdeelt ginn.

**Communications du Président – séance publique du 14 juin 2022**

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

8021 – *Projet de loi portant approbation de l'« Agreement between the Grand Duchy of Luxembourg and the Republic of Rwanda for the elimination of double taxation with respect to taxes on income and on capital and the prevention tax evasion and avoidance »*, fait à Luxembourg, le 29 septembre 2021

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 07/06/2022

8022 – *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce*

Dépôt : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 07/06/2022

8023 – *Projet de loi portant approbation de la « Convention between the Grand Duchy of Luxembourg and the Republic of Ghana for the elimination of double taxation with respect to taxes on income and on capital and the prevention of tax evasion and avoidance »* et du Protocole y relatif, faits à Luxembourg, le 13 décembre 2021

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 07/06/2022

8025 – *Projet de loi portant fusion des communes de Bous et de Waldbredimus*

Dépôt : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, le 08/06/2022

8026 – *Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la santé*

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 09/06/2022

8027 – *Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire*

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 09/06/2022

8029 – *Projet de loi relative à l'échange automatique et obligatoire des informations déclarées par les Opérateurs de Plateforme et portant modification :*

- 1° de la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de
- la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;
- la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;

– la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;  
 – la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;  
 – la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale ;  
 2<sup>e</sup> de la loi du 21 juillet 2012 portant transposition de la directive 2010/24/UE du Conseil du 16 mars 2010 concernant l'assistance mutuelle en matière de recouvrement des créances relatives aux taxes, impôts, droits et autres mesures ;  
 3<sup>e</sup> de la loi modifiée du 29 mars 2013 relative à la coopération administrative dans le domaine fiscal ;  
 4<sup>e</sup> de la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la Norme commune de déclaration (NCD) ;  
 5<sup>e</sup> de la loi modifiée du 23 décembre 2016 relative à la déclaration pays par pays ;  
 6<sup>e</sup> de la loi modifiée du 25 mars 2020 relative aux dispositifs transfrontières devant faire l'objet d'une déclaration ;  
 7<sup>e</sup> de la loi modifiée du 25 mars 2020 instituant un système électronique central de recherche de données concernant des comptes IBAN et des coffres-forts ;  
 en vue de transposer la directive 2021/514 du Conseil du 22 mars 2021 modifiant la directive 2011/16/UE en ce qui concerne l'échange automatique et obligatoire d'informations dans le domaine fiscal

Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 13/06/2022

3) La proposition de loi suivante a été déposée à l'Administration parlementaire :

8028 – Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Dépôt : Mme Nathalie Oberweis, Députée, le 09/06/2022

4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2358 – Demande de pétition publique : Den Führerschein B100 (Motorrad, Motorroller unter 125 ccm) in den Führerschein B (Autoführerschein) integrieren / Intégration du permis B100 (motos, scooters 125 ccm) dans le permis B (voiture)

Dépôt : M. Thierry Schoer, le 07/06/2022

2359 – Demande de pétition publique : Stop à l'adhésion du Luxembourg à l'OMS

Dépôt : M. Michel Premont, le 08/06/2022

2360 – Demande de pétition publique : Rabatt un den Tankstelle beim Tanken

Dépôt : M. Stéphane Hamm, le 09/06/2022

2361 – Demande de pétition publique : Alkohol an Handy hannert dem Steierrad: en No-Go. Empfindlech Geld- a Prisongsstrofe fir déi, déi et einfach net léieren

Dépôt : M. Alain Gales, le 10/06/2022

2362 – Demande de pétition publique : Fir de Majorzsystem bei de Gemengewale bei Gemenge bis zu 15.000 Awunner / Pour le système à la majorité relative aux élections communales dans les communes jusqu'à 15.000 habitants

Dépôt : M. André Vandendries, le 11/06/2022

2363 – Demande de pétition publique : Biergerbedeeling bei Gesetzer

Dépôt : Mme Claire Gutenkauf, le 12/06/2022

2364 – Demande de pétition publique : Verbuet vu Vélosfuurer an elektreschen Trottinetten ab 16 Joer op Trottoiren (Exceptionn: Elteren a Begleedung vu Kanner)

Dépôt : Mme Claire Gutenkauf, le 12/06/2022

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, esou wéi d'Präsidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen? (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 4. 7894 – Projet de loi modifiant :

**1<sup>o</sup> la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;**

**2<sup>o</sup> la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;**

**3<sup>o</sup> la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques ; b) la création d'un Centre de gestion informatique de l'éducation ; c) l'institution d'un Conseil scientifique ;**

**4<sup>o</sup> la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental ;**

**5<sup>o</sup> la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ;**

**et abrogeant la loi du 20 juin 2020 portant dérogation : 1<sup>o</sup> aux chapitres 2 à 3 quater de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ; 2<sup>o</sup> à l'article 5 de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire**

Den éischte Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 7894, eng Adaptatioun vum Gesetz iwwert den Institut de formation de l'éducation nationale an d'Léierpersonal. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert kritt elo de Rapporteur vum dësem Projet de loi, den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**

**M. Claude Lamberty** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mäin éischten Educationsprojet vum haut proposéiert eng Partie Adaptatiounen, wat d'Organisatioun an d'Fonctionnement vum IFEN betrëfft.

Engersäits geet et drëm, déi intern Struktur vum IFEN ze iwwerschaffen, an anerersäits sollen d'Prozedure fir eng Verkierzung vum der Période d'initiation vum de Staatsemployéen ugepasst ginn.

An engem éischte Punkt proposéiert dësen Text, fir d'Divisioun vum Développement des établissements scolaires vum SCRIPT an den IFEN ze transferéieren. D'Zil heivunner ass et, fir d'Divisioun vum der Schoulentwécklung an d'Divisioun vum der Formation continue ënner engem Daach ze regroupéieren a soumat d'Zesummenaarbecht tëscht deenen zwou Strukturen och einfach ze vereinfachen. Et ass nämlech esou, dass et an der Praxis immens vill Iwwerschneidungen an Zesummenhäng tëscht den Aarbechtsthematiken vum deenen zwou Divisiounen gëtt. Leider ass et fir d'Personal awer munchmol schwier, fir mateneen ze kommunizéieren, well déi eng Leit haut am IFEN setzen an déi aner am SCRIPT.

An Zukunft soll dës Kooperatioun also méi einfach ginn doduerch, dass béid Strukturen am IFEN ënner engem Daach zesumme sinn. Am Kader vum dësem Transfert ginn och d'Instituteurs spécialisés en

compétences numériques an d'Instituteurs spécialisés en développement scolaire vum IFEN iwwerholl.

Hei dernieft gëtt proposéiert, d'Divisioun fir d'Schoulentwécklung an Zukunft „division de l'accompagnement du développement des établissements scolaires“ ze nennen. Heimat wëll een also ënnersträichen, dass d'Divisioun eng reng consultativ Funktioun huet an de Schoulen an a kenger Weis virschreift, wat se ze maachen hunn.

De virleiende Gesetzestext gesäit ausserdeem vir, zwou weider Divisiounen am IFEN ze schaffen, eng fir d'Formation continue vum de Schouldirekteren an eng fir déi berufflech an och psychologesch Ënnerstëtzung vum den Enseignanten.

Bei der éischter geet et drëms, fir d'Direkteren, d'Komiteespresidenten, -presidentinnen an d'Coordinateurs de cycle op hir aldeeglech Erausforderungen – an där gëtt et vill – ze preparéieren, andeems een hinne reegelméisseg nei Weiterbildunge proposéiert.

Bei der zweeter geet et drëms ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift, e bësse méi roueg! Et ass zimmlech vill Onrou am Sall. Merci.

**M. Claude Lamberty** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Bei där zweeter, wéi gesot, geet et drëms, eng zentral Ulaflaz fir Enseignanten ze schaffen, wa se Froe ronderëm hir berufflech Entwécklung hunn oder och eng psychologesch Ënnerstëtzung brauchen, an där gëtt et jo awer ëmmer méi.

Déi zwou nei Divisiounen vum IFEN beschäftege sech also mat Thematiken, déi immens wichteg fir de gudden Fonctionnement vum eise Schoulen hei am Land sinn.

Engersäits brauche mir Féierungspersonal mat ganz ënnerschiddleche Kompetenzen an anerersäits wëlle mir d'Enseignanten esou gutt wéi méiglech ënnerstëtzen an hinne déi beschtméiglech Aarbechtskonditiounen offéieren.

Den zweete Punkt vum dësem Projet de loi betrëfft d'Demandë fir eng Verkierzung vum der Période d'initiation vum de Staatsemployéen. An Zukunft sollen dës Ufroen no de selwechte Prozeduren traitéiert gi wéi d'Demandë fir eng Réduction de stage vum de Staatsbeamten. D'Zil heivunner ass et, d'Kommunikatioun tëscht dem Educationnsministère an dem Ministère fir d'Fonction publique, déi sech d'Kompetenzen an dësem Beräich deelen, ze optiméieren an d'Demanden esou och kënne méi schnell se traitéieren.

An engem drëtten a leschte Punkt adaptéiert dëse Projet de loi d'Struktur vum Kapitel 3 vum aktuelle Gesetz iwwert den IFEN, fir den Text méi lieserlech an och méi verständlech ze maachen. Konkreet geet et hei ëm d'Artikelen, déi de Certificat de formation pédagogique an de Cycle de formation de début de carrière vum den Enseignantë regléieren. Hei dernieft sollen d'Dispositiounen vum Règlement grand-ducal vum 29. August 2017 iwwert d'Fonctionnarisation vum de Staatsemployéen an d'Gesetz vum IFEN iwwerholl ginn, fir den Observatiounen vum Staatsrot Rechnung ze droen.

D'Reegelen iwwert d'Indemnitéite vum de Chargés de mission an de Responsables des divisions vum IFEN sollen an Zukunft un déi vum SCRIPT ugepasst ginn.

Finalemment soll dann och d'Formation des adultes eng méi grouss Visibilitéit am Gesetz kréien, andeems se explizit doranner ernimmt gëtt.

Fir meng Ried ofzeschlëssen, kommen ech da kuerz op d'Avise vum Staatsrot an der Staatsbeamtekummer ze schwätzen.



De Staatsrot hat a sengem éischten Avis eng Opposition formelle formuliert, déi dunno awer nees konnt opgehuewe ginn, nodeems mir seng Proposition de texte an der Kommissioun iwwerholl haten.

D'Staatsbeamtekummer huet e ganz positiven Avis formuliert an huet besonnesch d'Wichtigkeet vun den zwou neien Divisiounen am IFEN ënnerstrach. Si begréisst deemno, dass d'Féierungspersonal vun de Schoulen u spezifesch Formatiounen kann deelhuelen, dorënner Coursen iwwert d'Gestioun an de Ressources humaines.

D'Staatsbeamtekummer hofft ausserdeem, dass déi nei Division du soutien et de l'accompagnement den Enseignanten nach méi eng intensiv Ënnerstëtzung ka bidden a soumat d'Aarbechtsklima an de Schoule weider verbessere kann.

Fir weider Detailler verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Ech ginn heimat och den Accord vun der DP-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Lamberty.

An ech ginn d'Wuert weider un den éischten ageschriwwene Riedner an dat ass déi honorabel Madamm Martine Hansen.

#### Discussion générale

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Merci, Här President. Mir kënnen mat dësen Adaptatiounen liewen. Allerdéngs hu mer mam ganzen IFENGesetz vun d'Ufank un e bëssen eis Problemer gehat. Mir haten 2015, mengen ech, 15 Amendementer gemaach, an deenen et ëm den Inhalt vum Stage goung an déi leider alleguer refuséiert goufen. An do wäert mer u sech frou gewiescht – wann elo schonn Adaptatiounen gemaach ginn –, wann déi dann och mat erageholl gi wäeren.

An da wëll ech just soen: D'Staatsbeamtevertriidung huet och hei drop higewisen, dass den IFEN géif risikéieren, och vläicht erëm eng Kéier trotzdeem eng Risestruktur mat Waasserkapp ze ginn. Dee Problem hu mer och e bëssen an duerfir wäerte mer eis hei enthalten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Hansen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Francine Closener (LSAP)** | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng attraktiv, zäitgeméiss an terrainsno Aus- a Weiterbildung vum Léierpersonal ass terräinno Aus- a Weiterbildungssystem am 21. Joerhonnert de Schüler weiderhi gerecht soll ginn.

Zanter Joren ass déi gesellschaftlech Entwécklung eeben esou, dass ëmmer méi Aufgaben op d'Enseignanten duerkommen, d'Erwaardungen un d'Léierpersonal si grouss a limitéiere sech scho laang net méi op d'Vermëttlung vu Wëssen. D'Entwécklung vun de Kanner hire Kompetenzen muss haut eng zentral Missioun si vun der Schoul an hiren Intervenanten. An derbäi kënn, dass d'Enseignante jo besonnesch, awer net nëmme, am Fondamental ëmmer méi och d'Roll vum Psycholog, Assistant social, Educateur oder Infirmier ze spillen hunn, well eeben all déi néideg Expertise dacks um Terrain feelt.

Wann een all dat consideréiert, dann ass et gutt, richtig a wichteg, dass den IFEN op der Héicht vun der Zäit ass. An duerfir begréisst d'LSAP d'Reorganisatioun, déi dës Projet de loi virgesäit. Merci un de Rapporteur, deem säi Rapport ganz ausféierlech war. Duerfir kann ech mech kuerzaassen.

E Wuert zu där neier Divisioun fir d'Formatioun vum Personnel dirigeant: Et ass ouni Zweifel eng grouss Noutwendegkeet, fir dem Féierungspersonal an de Schoulen, de Presidente vun de Schoulkomiteen, de Coordinateurs de cycle déi néideg Hëllefstellung hei ze ginn. E gudder Pédagog muss net zwangsléif ausgepräagte Managementkompetenzen hunn, mee grad an deene grouss Schoulinfrastrukture mat Honnerte Schüler an Enseignantë sinn déi Kompetenze gefrot, fir eng Ekip esou ze leeden, dass jidder sech och wuel spiert an där Schoul. Genee esou wichteg ass déi nei Divisioun fir d'Ënnerstëtzung vun de professionellen a psychosoziale Kompetenzen vum Léierpersonal. Wéi gesot, et gëtt ëmmer méi vun hinne verlaangt. Dat hu mer jo elo grad an der Pandemie an aller Däitlechkeet gesinn.

D'Qualitéit vun der Grondausbildung vum Léierpersonal a vun der Weiterbildung muss eng Prioritéit fir eis Educatiounspolitik sinn a bleiwen. Zemoos an Zäite vun uerger Penurie an dann och nach Pandemie, wou verstärkt jo op Quereinsteiger zréckgegraff gouf a gëtt, mussen Weiterbildunge während der Karriär zur Qualitätssécherheet bäidroen.

Et ass jo esou, dass all Enseignant d'Obligatioun huet, fir e Minimum u Formation continue ze maachen. D'Aschreiwunge beim IFEN sinn och enorm an d'Lucht gaangen. Et ass eng positiv Entwécklung, soudass eng reegelrecht Formatiounskultur amgaang ass ze Entstoen. Fir d'LSAP muss eisen Educatiounssystem grad elo, wou esou e grouss Personalmanktem herrscht, weider un dës Formation continue festhalen. Duerfir ass et och ganz wichteg, dass e Minimum u Weiterbildunge verbindlech bleift.

Dës gesot ginn ech heimmader den Accord vun der LSAP a soe Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Closener. An da wier et un där honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng)** | Villmools merci, Här President. Als Gréng läit den IFEN eis natierlech och um Häerz. An duerfir wëllt ech dann och e puer Wieder dozou soen.

Dës Projet de loi liwwert am Fong de Beweis, dass den IFEN sech an engem Ëmbruch befënnt. No enger Rei Changementer um Niveau vum Personal, wou och verschidden Neiopstellungen komm sinn, geet et jo haut ëm zousätzlech nei Missiounen, déi den IFEN soll assureieren.

E gëtt mat zwou zousätzlechen Divisiounen ausgestatt. Bei deenen neien Divisiounen geet et engersäits ëm d'Weiterbildung vun den Enseignanten, déi op engem Féierungsposten am Fondamental schaffen, an anerersäits ëm déi berufflech a psychosozial Begleedung vun den Enseignanten, déi mer wierklech ganz wichteg fannen an dësen Zäiten an doriwwer eraus.

Doriwwer eraus dann, wat d'Missiounen ubelaangt, gëtt d'Divisioun vun der Schoulentwécklung vum SCRIPT an den IFEN transferéiert. De Claude Lamberty huet d'Detailler erkläert an duerfir wëllt ech him fir säi gudder Rapport och villmools Merci soen.

Dës Schrëtt, Dir Dammen an Dir Hären, féieren natierlech dozou, dass d'Positioun vum IFEN gestärkt gëtt an dass dësen Institut an Zukunft méi eng zentral Roll wäert spillen, well vill relevant Beräicher aus dem Bildungssystem um IFEN zesummelafen.

Wat d'Formatioun vum Personal ugeet, sou ass den IFEN jo schonn haut zoustänneg, fir d'Formatioun en cours d'emploi vun de Quereinsteiger ze garantéieren. Ech mengen, d'Francine Closener huet dat

ernimmt. An Zukunft gëtt en dann awer och kompetent, fir d'Weiterbildung vum Personal a vun de Féierungskräften ze organiséieren an ze promovéieren, wéi et am Projet de loi steet, wuel wëssend, dass d'Weiterbildung op ville verschidde Plazen an awer och an Zesummenaarbecht mat externe Partner kann organiséiert sinn.

Politesch gesi kann d'Neiopstellung vum IFEN d'Gefill opkomme loosse, dass de Ministère zentralistescht wëllt virgoen. Dat huet eng Journalistin och esou an engem Artikel geschriwwen. Anerer schwätze vun engem Waasserkapp. Ech mengen, d'Martine Hansen huet dat elo grad gemaach.

Als Gréng wëllt ech awer déi do Aussoe relativéieren. Och wann ee muss zouginn, dass alles op enger Plaz zesummeleeft, esou muss dat net per se schlecht sinn, well ëmmerhi muss ee jo bedenken, Dir Dammen an Dir Hären, dass den IFEN eng ëffentlech a keng privat Institutioun ass, déi mat dësem Projet de loi gestärkt gëtt. Si soll méi effikass fonctionéieren, wat ganz am Sënn vun enger moderner ëffentlecher Politik ass. Fir eis ass dat e wichteg Punkt, well mer ganz kloer zum ëffentleche Bildungssystem am breede Sënn stinn. A mir wäerten eis och weiderhin dozou bekennen. An dat ass och ee vun den Haaptgrënn, firwat mer dës Projet de loi voll a ganz ënnerstëtzen.

Hannendrun, Här Minister, stellt sech awer nach eng aner Fro, déi mir – oder eis, besser gesot – scho méi laang um Häerz läit. Si betrëfft d'Zesummenaarbecht vum IFEN mat der Uni Lëtzebuerg, déi praktesch inexistent ass menges Wëssens no.

Bekanntlech ass d'Uni Lëtzebuerg jo fir d'Grondausbildung vun den Enseignanten zoustänneg. A Joer fir Joer, dat wësse mer, bewerbe sech eng 300 bis 400 jonk Leit op der Uni mam Zil, e Bachelor en sciences de l'éducation ze maachen. Allerdéngs ginn an der Moyenne eng 75 % vun dësen Kandidatinnen a Kandidaten vun der Uni ecartéiert.

Eng Formation en cours d'emploi gëtt op der Uni net méi ugebueden. Deem géigeniwwer steet dann den IFEN. Den IFEN bréngt et sengersäits fäerdeg, Quereinsteiger innerhalb vun engem Joer zu fäerdeg ausgebildete Schoulmeeschteren oder Léierinnen ze maachen, an dat alles weist jo dann awer op eng gewëssen Inkohärenz am gesamte Formatiounssystem hin.

Här President, an der Heure d'actualité iwwert d'Kompetenzzentren kommen ech nach emol op d'Ausbildung zréck. Allerdéngs wëllt ech schonn elo drop hiweisen, dass nach keng Evaluatioun vun deene verschidde Formatiounsweeër stattfonnt huet, an dowéinst ass och ni evaluéiert ginn, ob et sënnavoll war, d'Formation initiale vum Enseignant op d'Uni ze verleeën a vun der Formation continue, déi um IFEN stattfënnt, ze trennen. Méi eng enk Zesummenaarbecht kéint béiden Institutiounen jiddwerfalls zeguttkommen. Dat wier an eisen Aen en éischte gudder Schrëtt an déi richteg Richtung an och eng weider Missioun, déi den IFEN no Analys vläicht kéint iwwerhuelen. Mir wëllen et op alle Fall net ausschléissen.

Här Minister, ech denken, et ass jiddwerfalls un der Zäit, dass Dir mat Ärem Alter ego, dem Héichschoulminister, zu Gebiet gitt an d'Prioritéiten vun der Uni eemol méi genee analyséiert. Dozou gehéiert notament d'Analys, wivill Ressourcen d'Uni fir de Studiengang vum Bachelor en sciences de l'éducation mobiliséiert respektiv net mobiliséiert. An op Basis vun där Analys muss duerno gekuckt ginn, wéi d'Rollverdeelung tëscht Uni an IFEN laangfristeg soll ausgesinn a wéi eng weider Missiounen den IFEN eventuell nach kéint assureieren, woubäi ech deem ganze Prozess natierlech net wëll virgräfen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup (ADR)** | Merci, Här President, a merci och deem Här Lamberty fir säi Rapport. A merci och der Madamm Lorsché fir hir berechtigt Kriticken, déi si iwwerraschenderweis awer un den Här Minister gerichtet huet. An ech hoffen, dass mer dat effektiv eng Kéier kéinte méi breet uschwätzen, well dat ass och alles net esou kohärent, wéi et ausgesäit. An do wier sécherlech eppes ze änneren, wéi iwwerhaapt, mengen ech, beim IFEN, bei de Stagen, bei der Ausbildung eng ganz Partie Saache missten op de Leescht geholl ginn, misste verbessert ginn. An dat ass och de Grond, firwat mer eis och hei an dësem Projet wäerten enthalen, obwuel eng ganz Partie Saachen och vläicht matzedroe wieren, mee ënnert dem Stréch wäerte mer eis dowéinst enthalen.

Ech wëll nach op ee Punkt agoen, wann Der erlaabt, dat ass dat, wat e bëssen ugeschwat ginn ass, dee Waasserkapp, bürokratesche Waasserkapp, wéi een et och wëllt nennen. Dat ass eppes, wat mer ëmmer méi erliewen, dat ass, dass mer am Fong kompetent Schoulmeeschteren, -jofferen, déi um Terrain hir Aarbecht gutt maachen, déi gutt ausgebild sinn, déi qualifizéiert sinn, ewechzéie vum Terrain an a Büro stieche respektiv op Plaze stiechen, wou se da sollen déi aner begleeden oder hinne soen, wat se solle maachen, oder hinnen hëllef, egal wéi een et ausdréckt. An et ass jo awer grad och an dësem Moment, wou eis wierklech vill Leit um Terrain feelen, och qualifizéiert a gutt Leit feelen, wou mer op engem Punkt sinn, wou deelweis d'Leit agestalt ginn – wat ee vum Terrain héiert –, déi net déi néideg Kompetenzen hunn, fir d'Schoul anstänneg ze halen. Do wier et grad um Punkt, fir déi gutt Leit um Terrain ze looszen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Keup. An da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Jo, dem Rapporteur e grouse Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech mengen et ass scho ganz, ganz vill gesot ginn. D'Madamm Lorsché ass op déi Remarken, eigentlech déi Kritikpunkten agaangen, iwwert déi ee wierklech eng Kéier misst diskutéieren. Uni an IFEN, dat passt net ëmmer beienne. Et mengt een, et wieren zwou komplett verschidde Welten, amplaz dat se zesummeschaffen, wat wierklech immens wichtig ass, well, ech mengen, bei der Formation, der ursprénglecher Formation, geet et un. A wann déi net wëssen, wat herno gewollt ass, oder ëmgedrëit, dann ass dat net gutt.

Mir sinn och der Meinung, dass ee muss oppassen, dass ee keen ze vill grouse Waasserkapp kritt. Dat, wat den Här Keup gesot huet, ass scho eng Gefor, mee op där anerer Säit ass et awer immens wichtig an eisen Aen, d'Enseignanten um Terrain ze begleeden. Dat ass wierklech primordial, well den Job ass keen einfachen, an och déi Begleitung, déi individuell Begleitung, déi d'Formation eebe mécht iwwert den IFEN, ass immens, immens wichtig. A mir fannen och, dass, wann d'Enseignanten ... a mir wëssen, dass et méiglech ass, dass d'Enseignanten och selwer kënnen aktiv ginn a sech Formationen ufroen. Wann déi dann och nach geneemegt ginn, dann ass dat bal perfekt, well d'Enseignantë wësse selwer um Terrain, wat se brauchen.

A bei deene klunge Bemollen, déi mer awer hunn, wäerte mir dat Gesetz hei awer da matstëmmen. Merci fir d'Nolauschtenen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, wéi mer elo schonns e puermol héieren hunn, enthält dësen Text jo net nëmmen eng einfach Modifikatioun, mee ganz villfältig Modifikatiounen. An duerfir wëll ech och domadder ufänken, dem Rapporteur Merci ze soe fir déi detailléiert Presentatioun vum Kommissiounsrapport.

Et gouf vill kleng Upassunge gemaach, déi Begrëfflechkeete vereenheetlechen, d'Lieserlechkeet am Text verbesseren, an och dass gewëssen Dispositiounen elo endlech gesetzlech verankert sinn an net méi op engem Reglement baséieren, wat se u sech jo net hätten dierfen, ass eng wichtig Verbesserung vun der legaler Basis. An ech soen dat ëmmer erëm: Wann eng Verbesserung vun der legaler Basis kënnt, dann ass dat als Éischt emol eng gutt Saach. Ech begrëssen duerfir all dës Upassungen, wäert duerir haut och net eenzel op se agoen. Ech mengen, soss si mer bis muer amgang, esou vill verschidden Ännerunge sinn dran. Si wäerten den Text verbesseren, mee d'Aarbecht um Terrain net forcement esou beaflosse wéi d'Schafe vun den neien Divisiounen um IFEN, op déi ech mech dann awer de Rescht vum menger Riednerzäit konzentréiere wëll.

Engersäits soll jo de Service vum SCRIPT vum IFEN iwwerholl ginn. An anerersäits sollen och nach zwou ganz nei Divisiounen geschaaft ginn, eng fir d'Formation vum Personnel dirigeant an eng fir den Accompagnement professionnel et psychosocial. Grad déi zwee lescht kéinte fir den Terrain e grouse Mehrwert duerstellen, wann d'Ausféierung esou gestalt gëtt, dass hir Aktivitéiten och e reellen Impact op d'Personal aus de Schoule wäert hunn an de Waasserkapp net just vergréssert gëtt. Ech hunn do wierklech grouss Hoffnungen, dass dat wäert en Erfolleg ginn.

D'Erausforderungen, deenen d'Enseignanten nümlech géintiwwerstinn, ginn ëmmer méi villfältig an ëmmer méi Persounen empfangen de Beruff als ustrengend. Do ass et sécher net verkéiert, den Accompagnement ze verbesseren. Mee natierlech dierf een och net vergiessen, dass et net just dierf dorëms goen, eng kontinuierlech Symptombehandlung ze maachen, während den eigentleche Problem, nümlech d'Aarbechtskonditiounen um Terrain, onverännert géif bliwen.

Am Kader vun der haut nach ustoender Aktualitéitsstonn wäerte mer jo nach emol spezifesch op de Fall vum Personal aus de Centres de compétences agoen. Mee och beim regulären Unterrecht an och bei de Cycle-Cheffen, de Presidenten an den Direktoren gëtt et ëmmer méi Stëmmen, déi soen, dass déi wuessend Aarbechtsbelaaschtung sou lues awer sécher erdréckend gëtt. An dat dréit net dozou bäi, dass d'Leit am Beruff bleiwen oder de Beruff fir déi jonk Generatiounen méi attraktiv gëtt.

Dofir ass et wichtig, dass nieft dem Accompagnement vum IFEN och mat de Gewerkschaften um Terrain zesummeschafft gëtt, fir d'Aarbechtskonditiounen ze verbesseren, an dat op allen Niveauen: vum de Centres de compétences iwwert de regulären Unterrecht bis erop bei de Personnel dirigeant. Well do wësse mer alleguerten, dass den Dialog tëscht der Regierung an de Representantë vun den Aarbechterinnen an Aarbechter nach staark verbessert kéint ginn.

Dat gesot ginn ech wéi ugekënnegt den Accord vum de Piraten zu dësem Text an ech soen elo scho Merci.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsmi-  
nister Claude Meisch.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Jo, merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen och all den Intervenantë Merci, och dem Claude Lamberty, deen a sengem Rapport hei d'Detailer vum deem Projet de loi virgestallt huet.

Ech denken, dass et normal ass, dass eng Institution wéi den IFEN, dee mer 2015 gegrënnt hunn, dee mëttlerweil och nei Aufgabe jo kritt huet – hei ass d'Wuert vum de „Quereinsteiger“ gefall ... Mir hunn de Stage reforméiert, mir hu vill aner Saache gemaach, déi ëmmer nees nei Aufgaben och fir den IFEN duergestallt hunn. An et kommen nach anerer derbäi, wéi och elo hei nach eng Kéier ënnerstrach ginn ass, wéi zum Beispill och den Encadrement an d'Formation vum Kaderen, den Dirigeanten an der Éducation nationale, wat sécherlech och nach eng Kéier e qualitative Quantesprung no vir kann duerstellen. Dann ass et normal, dass no enger Rei vu Joren och dee Gesetzestext nach eng Kéier op de Leescht geholl gëtt.

Ech kann net mat allem d'accord sinn, wat de Mëtteg hei gesot ginn ass, zum Beispill, den IFEN wär vill ze vill dirigistes. Also ech hu meng Léif Méi, muss ech Iech soen, Dir Dammen an Hären, wann ech ëmmer nees de Leit muss erklären, dass et eigentlech normal ass – an ech ënnerstëtzen dat, dass et esou ass –, dass d'Enseignanten hir Formation continue eraussichen, dass si soen, woura se sech wëlle weiderbilden, dass Schoule beim IFEN froen, fir gewësse Programmer ze kréien, an dass et eeben net ëmgedrëit ass, dass net vum enger Direktioun oder vum IFEN eppes octroyéiert gëtt, well ech fest dorunner gleewen, dass deen, dee gären an eng Formation geet, deen eng Plus-value doranner gesäit, dass se fir deen dann och vill, vill méi Wäert huet, wéi wann e se géif octroyéiert kréien.

Duerfir verstinn ech net richtig, dass hei vum Dirigismus a vun Decisiounen, déi vun uewen erof géife geholl ginn, geschwat ginn ass.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Ech kann d'Josée Lorsché och zum Deel op d'mannst berouegen. Ech hunn net alles verstanen, wat genee gemengt war. Mee wa gemengt war, dass déi entspreichend Fakultéit fir de Bachelor en sciences de l'éducation op der Uni. lu méi Ressourcë muss kréien an endlech och muss där Aufgab gerecht ginn, déi se dem Land géigeniwwer, mengen ech, schëlleg ass an eise Bildungssystem schëlleg ass – dat huet den Héichschoulminister verstanen –, dann dat ass mat der Uni diskutéiert a steet kuerz virun enger Ënnerschrëft.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Educationsmi-  
nister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Ier mer zum Vott kommen, wollt ech drun erënnere, dass ee sech op sengem Poste muss aloggen, fir kënne mat ofzestëmmen.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fernand Etgen, Président** | Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7894. Den Text steet am Document parlementaire 7894<sup>5</sup>.



## Vote sur l'ensemble du projet de loi 7894 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 35 Jo-Stëmme bei 25 Abstentounen uegheoll.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 5. 7978 – Projet de loi portant création d'un lycée à Luxembourg et modification de la loi du 17 décembre 2021 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022

Als nächste Punkt um Ordre du jour kënn de Projet de loi 7978 iwwert d'Schafe vun enger neier Schoul, d'École internationale Gaston Thorn. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorebelen Här Claude Lamberty.

### Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

**M. Claude Lamberty** (DP), rapporteur | Nach eng Kéier Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, d'Ausbildung allgemeng, d'Schafe vu wa méiglech identesche Startchancen an d'Wuelbefanne vun eise Kanner a Jugendlechen hunn d'Bildungsdebatten an de leschte Wochen a Méint geprägt. Et si Sujeten, déi besonnesch am Kader vun der Coronakris des Éfteren an der Chamber diskutéiert goufen. Schliesslech huet d'Pandemie eis gewisen, wéi wichteg et ass, e resiliente Schoulssystem ze hunn, deen de Jonken och a besonnesch a Krisenzäite Kontinuitéit a Sécherheet ka bidden.

Et goufen an de leschte Jore grouss Efforten ënnerholl, fir d'Lëtzebuurger Bildungslandschaft un d'Besoinne vun enger ëmmer méi heterogeener Schoulpopulatioun

unzepassen. Eng vun de Pisten, fir eng méiglechst breet a villschichteg Offer fir eis Kanner a Jugendlechen ze hunn, ass d'Pist vun den ëffentlechen Europaschoulen. 2016 do war de Startschoss vun dëser Offer. Deemools huet déi éischt ëffentlech Europaschoul, an dat zu Déifferdeng, hir Dieren opgemaach. 2018 sinn dunn direkt dräi weiderer derbäikomm: am Norden zu Clief d'École internationale Edward Steichen, am Osten d'École internationale zu Munneref an och nach eng Kéier a Richtung Osten de Lënster Lycée mat der International School zu Jonglënster.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Lamberty** (DP), rapporteur | D'lescht Joer huet dunn zu Miersch eng fënneft International School hir Dieren opgemaach: d'École internationale Anne Beffort.

De virleiende Gesetzesprojet proposéiert, dëse Réseau ëm eng sechste Schoul ze kompletéieren. Mat der École internationale Gaston Thorn soll fir d'Rentrée eng éischt ëffentlech Europaschoul op den Territoire vun der Hauptstadt, vun der Stad Lëtzebuerg, kommen. Vu September u wäert déi europäesch Offer also a sämtleche Regiounen vum Land kënnen ugebuede ginn.

An enger éischter Phas wäert déi nei Schoul dräi verschidde Sproochesektiounen ubidden: Däitsch, Franséisch an Englesch. Laangfristeg gesi sollen dann awer och portugiesesch, spuenesch an italieenesch Pisten derbäikommen.

Mat enger Grondschoul zu Zéisseng an engem Lycée zu Märel um Campus Geesseknäppche wäert d'École Gaston Thorn op zwou Plazen opgedeelt sinn. Spéiderhi solle sämtlech Klassen, an dat ass d'Zil, op de Lampertsbiereg plënnere an op engem Campus regroupéiert ginn.

Fir d'Rentrée 2022/2023 wäerte ronn 300 Schüler an dëser Schoul empfaange ginn, verdeelt op siwe Klassen am Fondamental, néng Klassen am Secondaire, véier am Préparatoire an eng Classe d'accueil. D'Offer vun der neier Europaschoul riicht sech un all d'Jonker hei am Land, onofhängeg vun hirer Nationalitéit a vun der Mammesprooch, déi doheem geschwat gëtt. Anescht wéi an de privaten Europaschoule gëtt an der École Gaston Thorn keng Prioritéit op Kanner vun europäesche Fonctionnaire geluecht. D'Schüler brauchen och keng spezifesch Opnamkrittären ze erfëllen a mussen och keng héich Aschreiwungskäschte bezuelen. Genee wéi déi aner ëffentlech Europaschoule wäert nämlech och déi heite fir jidderee fräi accessibel sinn!

D'École Gaston Thorn wäert nom System vun den agreéierten Europaschoule fonctionéieren. Konkreet heescht dat, datt d'Schoul souwuel déi national wéi och déi europäesch Virschreift respektéiere muss. Während d'Administratioun, d'Finanzéierung, d'Personal ënnert d'Responsabilitéit vum Educatiounsminister falen, ginn d'Programmer, d'Horairen, d'Diplomer vun der europäescher Konventioun iwwert d'Europaschoule regléiert.

Et ass allerdéngs wichteg ze erwänen, dass d'Schoul gewësse Fräiheeten huet, fir e pedagogesch Konzept ze definéieren an den Inhalt vun de Programmer ze gestalten. E besonnesche Fokus soll deemno op de Museksunterricht, op d'Vermëttlung vun den digitale Kompetenzen an, ech mengen, grad an dësen Zäite ganz wichteg, op d'demokratesch Valeur geluecht ginn.

Genee wéi an den aneren ëffentlechen Europaschoule wäert och an dësem Gebai d'Léiere vun der Lëtzebuurger Sprooch ganz grouss geschriwwen ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Lamberty** (DP), rapporteur | Vum éischte Schouljoer un, an dat bis zum drëtte Joer Lycée inclus,

mussen d'Schüler hei nämlech un obligatoresche Lëtzebuergeschcoursen deelhuelen. Och d'Lëtzebuurger Geschicht, Geographie a Kultur wäerten e festen Deel vum Schoulprogramm duerstellen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Lamberty** (DP), rapporteur | D'Schüler do ze ënnerstëtzen, wou se Stärkten hunn, si ze fërderen, fir dass si sech kënnen hirem Potenzial no beschméiglech entwéckelen, dat ass eng primär Aufgab vun eis als Politik fir déi jonk Generatioun.

Oft ass d'Net-gutt-genuch-Beherrsche vun enger Sprooch eng Hürd, iwwert déi d'Kanner net ewechkommen, fir Matière kënnen ze léieren. Dofir ass et richtig a wichteg, Schüler esou ze encadréieren an och ze enseignéieren, dass si hiert Potenzial voll a ganz kënnen ofruffen. Well wann ee weess, datt den Ennerscheed tëscht der Mammesprooch an der Sprooch, déi fir den Unterrecht benotzt gëtt, eng vun den Ursachen ass fir Léierretarden, dann ass et wichteg, datt mir nieft den traditionelle Grondschoulen a Lycéien och Schoule schafen, an deenen den Unterrecht net primär op Lëtzebuergesch oder och eeben op Däitsch verleeft. Schliesslech muss et d'Zil vun der nationaler Bildungspolitik sinn, datt all Kand d'Chance op en Diplom a wa méiglech op e gudden Diplom kritt.

An den Europaschoulen hunn d'Schüler de Virdeel, datt si den Unterrecht an hirer eegener Sprooch suivéiere kënnen respektiv an enger Sprooch, déi hinne ganz no ass. Esou entsti fir vill Schüler a Schülerinne besser Chancen op en héichwäertegen Ofschloss, wéi dat vläicht am klassesche System de Fall ass. Dofir ass et och net verwonnerlech, dass d'Nofro fir déi ëffentlech Europaschoulen immens grouss ass.

Ech sinn dofir frou ze gesinn, dass d'Regierung – a virun allem den Educatiounsministère – op dës Nofro reagéiert huet an eis Bildungsoffer reegelméisseg un d'Entwécklung vun eisen ëmmer méi heterogeene Schoulpopulatiounen upasst. Ech sinn och dovun iwwerzeegt, datt mir mat den ëffentlechen Europaschoulen eng richtig Äntwert op d'Besoinne vun eiser multikultureller Gesellschaft fonnt hunn an nees e Stéck méi Kohäsioun a Gerechtegkeet an d'Land bruecht hunn.

Et ass e Konzept, mat deem mir eise Bildungssystem engersäits méi fair an effikass gemaach hunn, well mir net dës le départ e ganze Krees vu jonke Residenten ausschléissen, déi net kënnen hiert ganz Kënnen an engem klassesche System ofruffen. An anersäits verhënnere mir, datt Jonker sech am traditionelle System verléieren, hir Formatioun vläicht fréizäiteg ofbriechen oder ouni Diplom op den Aarbechtsmarché kommen. Wéi schonn e puermol hei an der Chamber betount, geet et bei den ëffentlechen Europaschoulen net drëms, fir d'Lëtzebuurger an d'Netlëtzebuurger ze trennen, ganz am Géigendeel, mir wëllen de Kanner d'Méiglechkeet ginn, fir sech lues a lues no hirem Rhythmus ze entfalten.

E weidere Punkt, deen ëmmer nees widderholl muss ginn, ass d'Gratuitéit vun dëse Schoulen. Genee wéi déi klassesch Grondschoulen a Lycéien sinn déi ëffentlech Europaschoulen, wéi den Numm et scho seet, Deel vun eise mëttelstellige Schoulssystem an deemno fir jidderee fräi zougänglech.

Zu gudder Lescht wëll ech kuerz op d'Avis vum Staatsrot an der Staatsbeamtekummer agoen. Béid Institutiounen begreifen d'Efforte vun der Regierung an ënnerstëtzen d'Kreatioun vun enger neier ëffentlecher Europaschoul. D'Staatsbeamtekummer ënnersträicht allerdéngs, datt d'Erweiderung vum internationale Schoulreez net dierf op d'Käschte vum Lëtzebuurger Enseignement goen. Hirer Meenung no misst an Zukunft verstärkt och an d'Moderniséierung vum

Lëtzebuurger System investéiert ginn. Hei dernieft kritiséiert d'Staatsbeamtekummer, datt déi zukünfteg Enseignantë vun der École Gaston Thorn manner Kompetenzen misste matbréngen wéi hir Kolleegen aus den traditionellen Lycéëen, notament wat d'Kenntnisser an den offiziellen Sproochen ubelaangt.

De Staatsrot huet a sengem Avis keng gréisser Remarque formuléiert, soudass hien ouni Weideres säin Accord zu dësem Projet konnt ginn.

Wa mir all Kand déi nämmelecht Bildungschancë wëlle garantéieren a wa mir wëllen, datt all Kand an der Schoul ka reusséieren, da brauche mir eng breet an eng flexibel Schouloffer, déi de Schüler onnéidege Ballast, onnéideg Steng aus dem Wee schafft an hinne d'Méiglechkeet gëtt, hir Talenter an Interesse fräi ze entfalten, onofhängeg vun hirer Mammesprooch!

Och an Zukunft mussen mir also weider an d'Diversifikatioun vun eiser Bildungslandschaft investéieren. Dofir begrëssen ech, datt mir dat ab der Rentrée mat enger weiderer Europaschoul hei am Land hunn.

Ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun, der DP-Fraktioun, a soe Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**Une autre voix** | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Rapporteur Claude Lamberty.

An éischten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen.

### Discussion générale

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Merci, Här President. D'Zil vun den Europaschoulen ass u sech nach ëmmer gewiescht, fir hei e schoulesche System ze offréieren, fir den Experten an méiglech ze maachen, datt hir Kanner kënne hei an d'Schoul goen an, wa se erëm eng Kéier zréck an hiert Land ginn, datt se do – ouni datt se de komplette Schoulsystem erëm missten änneren, ouni datt se eppes géife verléieren – erëm kënne weiderfueren an der Schoul.

An dat ass eppes, dat fir eis hei zu Lëtzebuerg extreem wichteg ass, well eis Économie och op dës Aarbechtskräften ugewisen ass, mee am aktuelle System ass et esou, datt u sech genau vill Lëtzebuurger Kanner oder Kanner, déi hei am lëtzebuergesche Schoulsystem kéinten dra sinn, an dës Europaschoule ginn. An dofir mussen mer eis Froe stellen an ech mengen, doriwwer hu mer e ganze Mëtteg hei debattéiert, wéi d'Interpellatioun iwwert d'Europaschoule war. Ech wäert also do eis Iwwerleeungen net méi alleguerter wäert huelen. Wat fir eis awer kloer ass, an dat widerhuelen ech nach eng Kéier: Et geet net duer, datt mer eng parallell Schoulwelt hei opbauen, well mir wëssen, datt et Probleemer gëtt an eisen normalen éffentleche Schoulen am Sproochenunterricht, an déi mussen mer upaken!

Ech zitieren hei d'Chambre de la Fonction publique, déi u sech seet: „invite le Gouvernement à adapter le système scolaire luxembourgeois aux spécificités linguistiques et culturelles des élèves plutôt que de créer de nouvelles écoles européennes agréées.“ A genau dat ass och eis Positioun. Et geet net duer, wierklech déi parallell Schoulwelten opbauen. Mir müssen eis éffentlech Schoul stäerken an dorunner mussen mer schaffen. Mir brauchen eng aner Aart, fir Schoul ze halen. Mir brauchen eng Upassung vum Sproochenunterricht.

Den Här Lamberty sot ... A pardon, ech hat zwar vergiess, Merci ze soe fir de Rapport: e grouse Merci fir de Rapport! Ech hunn awer opgepasst, well Dir sot, mir missten deen onnéidege Ballast, déi onnéideg

Steng fortschaffen an dofir géife mer d'Europaschoulen elo maachen. Mee ech mengen, mir müssen deen onnéidege Ballast, déi onnéideg Steng och an eise classeschen, éffentleche Schoule fortschaffen, an dofir wäerten mer dëse Projet de loi och net matstëmmen. Mir wäerten eis enthalten, well mir soen, mir müssen en Zeeche setzen, datt et eeben net duergeet, fir ëmmer erëm nei Schoulen opzerichten. Mee mir müssen, wéi gesot, de Sproochenunterricht an eisen normale Schoulen änneren!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Da wëll ech awer nach en zweete Punkt erwänen. Dat ass deen, deen och am Rapport, mengen ech, steet: „La formation mènera au [bac] ou donnera accès à une formation professionnelle internationale.“

Wéi déi éischt Europaschoul zu Déifferdeng opge-maach ginn ass, do hu mer dat scho kritiséiert, well mer gesot hunn: D'Finalitéit vun enger Europaschoul ass de Bac! An den Ënnerschied tëscht eise lëtzebuergeschen Europaschoulen – ech nenne se elo mol esou – an där europäescher Europaschoul ass, datt mir awer jiddwereen eranhuelen an d'Europaschoul an et kann net jiddwereen de Bac packen. An duerfir hu mer bei där Déifferdenger Europaschoul deemools gesot: „Dat do riskéiert eng Sakgaass ze gi fir déi Kanner, déi de Bac net kënne kréien.“ An dunn huet de Minister eis gesot: „Leet Äre Kapp a Rou, mir bauen nach aner engleschsproocheg, franséisch-sproocheg Ausbildungen op an der Berufsausbildung.“

Ech hunn awer elo gekuckt gehat, dat heescht, dat hei war jo 2016, elo si mer fénnef Joer méi spéit: Am DAP Englesch ginn et der nach ëmmer genau zwee, de „Restaurateur“ zu Dikrech an de „Commerce“ am Lycée technique vu Bouneweg. Dat geet definitiv net duer! Also riskéiert dat hei nach ëmmer, eng Sakgaass ze ginn. A wéinst all deene Grënn, Dir Dammen an Dir Hären, wäerten mer eis hei enthalten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Hansen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Francine Closener (LSAP)** | Merci. Här President, déi international Schoulen oder akkreditéiert éffentlech Europaschoule sinn a ganz kuerzer Zäit e feste Bestanddeel gi vun eiser Schoullandschaft. A terme sollen 8.000 Schüler do enseignéiert ginn. Sechs sinn et der, wéi gesot, am September an et dierft nach weidergoen, vu déi grouss Demande.

Et ass e gutt Instrument, fir där Hyperdiversitéit vun der Schülerpopulatioun Rechnung ze droen. Mir hu scho vill heiriwwer diskutéiert. Besonnesch deene Chancengerechtegkeeten, déi op sproochlechen Ënnerscheeder baséieren, kann entgéintgewierkt ginn. An dat gëllt eeben och fir dës Schoul, well eeben d'office an der sougenannter „langue dominante“ alphabetiséiert gëtt, well awer och déi aner Sprooch vum Land ënnerriicht ginn, well een donieft nach weider Friemsprooch ka léieren a well eeben och op Lëtzebuer-gesch Wäert geluecht gëtt – dat sollte mer wierklech net vergiessen –, fir eeben och d'Integratioun an eis Gesellschaft ze erméiglechen an ze garantéieren. Hei ass d'Méissproochegkeet keng oniwierwindlech Bildungsmauer, mee eng Plus-value, e Meerwäert fir all Schüler. Si all kréien, souzoe wéi am Héichsprong, e Staf, fir iwwert déi Mauer ze kommen.

An et ass richtig, datt een dëst Sproochekonzept zum Deel oder ganz an den traditionellen Schoulsystem vun de Lëtzebuurger Lycéë kann oder soll iwwerhuelen. Do ginn ech der Madamm Hansen Recht, mee fir mech ass dat awer guer keen Argument, fir dëse Projet de loi net ze stëmmen. Am Géigendeel! Ech mengen, dass mer hei op där richteger Spuer sinn an eeben déi Entwécklung vun deem Zesummekomme sollte weiderféieren.

De Rapporteur huet d'Schoul ganz am Detail beschriwwen. Merci duerfir. Ech konzentréiere mech op e puer Remarque ronderëm d'Konzept an déi dräi Schwéierpunkte vun deenen ech – dat muss ech soen – relativ begeeschtert sinn, well se esou vill Casen ticken, déi an enger Bildungspolitik vun haut e Must sinn.

Als Éischt d'Musek. D'Noperschaft mam Conservatoire ass natierlech vu Virdeel, mee vill méi wichteg ass fir mech awer d'Roll, déi d'Musek an der Entwécklung vu kognitive Kompetenzen spillt. Dir wësst zum Beispill selwer, wéi vill méi liicht een en Text vun engem Lidd verhält amplaz vun dréchene Vokabelen, vun de Glécksgefiller, déi Musek ausléise kann, vun hirem positiven Afloss op déi mental Gesondheet guer net ze schwätzen. Musek ass en plus déi eenzeg Weltsprooch, déi net mëssverstane ka ginn a Grenze kann iwwerwannen.

Zweetens: déi geliefte a geléierte Demokratie. D'Kanner wënsche sech méi Participatioun, net just als Alibi. Dat geet aus ville verschiddenen Etüden ervir. Si wëlle matschwätzen, wat se léieren, och wéi se léieren. Souwäit ech weess, hu sech déi Responsabel bei den däitschen „Demokratische Schulen“ inspiréiert. An och wann d'Gaston-Thorn-Schoul net gradesou wäit geet, gëtt et awer och hei Usätz an déi Richtung, zum Beispill d'Abannen an d'Schoulentwécklung vun de Schüler oder e Schülerbüro. Mir kennen och heibanne d'Projete mat Kanner a Jugendleche vum Zentrum fir politesch Bildung, bei deenen déi Jonk jo ganz hautno gesinn, wat Demokratie ass a ka sinn. Dat ass eng ganz wäertvoll Aarbecht, déi mir nëmme kënne ënnerstëtzen.

An drëtten: déi digital Welt a Kultur. Nach ni war et esou wichteg wéi haut, fir an där digitaler Welt eens ze ginn. Als kritesche Bierger, deen déi digital Outil kann notzen, deen awer och d'Gefore kennt an den Tri ka maachen tëscht deem, wat ee brauch, an deem, wat een ofhängeg mécht. An natierlech och de Volet Medienerzéiung, fir datt se den Desinformanten net op de Laim ginn. De Lien tëscht deenen zwee leschte Schwéierpunkten Demokratie an Ëmgang mat der Digitaliséierung ass evident a ka guer net genuch ervirgehuewe ginn.

Ech si jiddefalls sécher, datt déi Schoul hei e groussen Uklang wäert fannen, virun allem mécht se Loscht op Schoul. Finalement ass dat jo eigentlech d'Fundament vun allem, datt een einfach gär an d'Schoul geet an net vun Ufank un da permanent d'Fleem huet, well een am Virus weess, datt een d'Uspréich net kann erfëllen, net aus Liddregkeet oder Beschränkeetheit, mee well een aus engem Elterienhaus kënnt, wou eeben net Lëtzebuer-gesch geschwat gëtt.

Wichteg ass a bleift fir eis bei allen internationale Schoulen déi sozioekonomesch Mixitéit vun der Schülerpopulatioun, d'Zesummenaarbecht mam traditionellen Schoulsystem a besonnesch och d'Etüd vum LUCET, dee sech jo mat de Mathéskompetenzen an den internationale Schoule beschäftegt, an déi d'nächst Joer jo am Fréijoer soll presentéiert ginn.

Dat gesot, de Responsabele vun der Gaston-Thorn-Schoul bonne Chance fir d'Rentrée. An natierlech stëmmt d'LSAP dëse Projet de loi mat. Merci.

**Une voix** | Très bien!



**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Closener. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, an der Lescht hu mer jo scho méi oft iwwert déi international effentlech Schoule geschwat, soudass och ech just kuerz op d'Hauptpunkte wëll zrëckkommen, déi eis als Gréng natierlech staark um Häerz leien.

Fakt ass, datt déi effentlech international Schoulen e groussen Zoulaf hu mat beispillsweis engem Plus vun 200 Schülerinnen a Schüler am Joer eleng an der internationaler Schoul vun Déifferdeng. D'Zuel vu Kanner a Jonken, déi eng effentlech Schoul, eng effentlech international Schoul, besichen, ass zwar nach ëmmer zuleméisseg éischter marginal par rapport zu der gesamter Schoulpopulatioun, an awer muss ee feststellen, datt dës Schoulen ufänken, zu engem wichtege Piliere vum Schoulsystem ze ginn.

Fir eis als Gréng ass et och scho laang kloer, an do si mer voll a ganz op der Linn vun Här Minister, datt eng extrem divers Gesellschaft wéi eis effentlech international Schoule brauch, fir der sproochlecher Villfalt vun alle Kanner gerecht ze ginn, déi an eisem Land liewen, an och fir ze verstoen, datt privat an deier Parallellwelte sech an eisem Schoulsystem duerchsetzen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | D'Viraussetzung ass allerdings déi, datt déi effentlech international Schoulen déi schoulesch Inegalitéiten net nach verstärken. D'lescht Woch hu mer doriwwer geschwat. Déi effentlech international Schoule sollen d'Inegalitéite reduzéieren. An dat ass eebe genee hiert Zil.

Aus deem Grond hu mir bei all Projet derfir plädéiert, datt déi sozial Mixitéit an deene Schoule garantéiert soll ginn an datt all Bildungsniveau ofgedeckt muss ginn, well nëmmen esou ka sécher gestallt ginn, datt se sech mat der Zäit net zu Elitteschoule fir privilegiéiert Kanner aus besser gestallte Schichten entwéckelen.

Dir Dammen an Dir Hären, sinn dës Konditiounen erfëllt, dann dierf et an eisem Schoulsystem net drëms goen, ee Modell géint deen aneren auszuspielen. Vill méi ass et wichteg, déi eenzel Modeller reegelméisseg ze evaluéieren, wat jo och elo gemaach gëtt, mam Zil, datt ee vun deem anere léiere kann, an dat op Basis vu Fakten an net vun Emotiounen. Dozou gehéiert och de Courage, déi ofgetrëppelt Pied ze verlossen, wann nei Modeller sech als méi effikass, méi gerecht a méi attraktiv erausstelle wéi de klassische System.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Onofhängeg vun der villfälteger Sproochenoffer besteet de Virdeel vun internationalen effentleche Schoule jiddefalls schonn doran, datt et sech ëm Ganzdaagsschoule mat psychopedagogeschen an edukativen Ënnerstëtzungsofferen handelt, also genee dat, wat an engem inklusiv Schoulmodell gebraucht gëtt. An eleng dat ass schonn ee vun de Grënn, firwat och déi nei Schoul mam Numm Gaston Thorn eng Virreideroll ka spilen, un där déi traditionell kommunal Schoule sech beispillsweis orientéiere kënnen mam Zil, et besser ze maachen.

Hei sinn natierlech och d'Gemenge gefuerdert, wuel wëssend, datt de Modell vun de Ganzdaagsschoule schonn haut am Kader vum Plan d'encadrement périscolaire en place gesat ka ginn. D'Gemenge kënnen dobäi ënnerstëtzen. An doriwwer eraus sinn och

d'Gemengen an der Verantwortung, wann et drëms geet, hir Infrastrukturen esou unzepassen oder nei ze bauen, datt d'Schoul an d'Services d'éducation et d'accueil net nienteneen, mee matenee funktionéiere kënnen.

Här President, eng lescht Remark, déi ech am Numm vun eiser Fraktioun nach wëllt maachen, bezitt sech op déi geografesch Verdeelung vun den effentlechen internationale Schoulen. Wat et der manner sinn, wat d'Schülerinnen an d'Schüler méi wäit musse fueren, fir an déi Schoulen ze kommen. Dat ass evident.

Dat ass besonnesch am Fundamental, wou d'Kanner jo awer nach méi kleng sinn, e gréissere Problem. Et féiert noutgedrungen dozou, datt dës Kanner de Kontakt zu hirem sozialen Ëmfeld an hirer Gemeng verléieren a weeder an där enger nach an där anerer Gemeng richteg doheem sinn.

Dee Moment gëtt et hinne bal onméiglech, sech eebe grad dat soziaalt Netz an déi Frëndschaften an hirem direkte Liewensëmfeld opzebauen, déi se fir eng sozial gesond Entwécklung brauchen.

An deem Sënn begrësse mir, datt mat der École Gaston Thorn eng weider effentlech Schoul an der Stad entsteet, déi enger ganzer Rei vu Kanner, déi do liewen, d'Méiglechkeet gëtt, vun deem Modell ze profitéieren, ouni datt se aus hirem sozialen Ëmfeld erausgerappt musse ginn an ouni datt se op laang Trajeten ugewise sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir kënnt Iech also denken, datt mer dëse Projet de loi grad wéi seng Virgänger wäerten ënnerstëtzen, a mir begrëssen och ganz besonnesch d'Prioritéiten, déi am pedagogesche Konzept gesat gi sinn: Demokratie, Digitaliséierung – a Musek, net ze vergiessen. Bekanntlech mécht Musek schlau.

Mir gehéieren net zu deenen, déi d'Schoulentwécklung an eisem Land blockéieren. Mir wëlle mathëllefen, se weiderdreien an duerfir si mir och bereet, nei Weeër anzeschloen am Hëllef op d'Entwécklung vun engem Schoulsystem, deen alle Kanner besser gerecht gëtt.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur, deen de Projet hei natierlech an den Himmel gelueft huet, woubäi ech awer hei bei Villem net esou direkt ka mat averstane sinn, well eng Partie Saachen um Terrain warscheinlech net esou sinn.

Ech wëll awer hei op siwe Punkte vun deem Gesetz hei agoen, iwwerhaupt zum Thema effentlech Europaschoulen, déi elo ëmmer méi opgeriicht ginn.

Éischte Punkt ass, dass een net sollt vergiessen, dass et bei enger Schoul net nëmmen drëms geet, fir engem Kand en Diplom ze ginn. Jo, dat ass och wichteg a jo, et muss ee kucken, datt jiddwereen déi beschtméiglech Bildung kritt. Mee et geet och ëm aner Saachen.

Et geet och drëms, an der Schoul eng Basis fir eng sozial Kohäsion hei am Land ze leeën. Grad zu Lëtzebuerg, wou mer ganz vill Auslänner hunn, wou mer ganz vill Migratioun hunn, ass dat substanzuell wichteg, dass mer d'Kanner zesummeféieren, dass mer se léieren, zesummen e Wee ze goen, dass mer Gemeinsamkeete schafen. Déi brauche mer an der Zukunft vun eisem Land, wou d'Kanner och an Zukunft müssen zesummenhalen an net dierfe getrennt sinn.

Dat féiert mech da bei den zweete Punkt, eeben d'Trennung, déi hei trotzdeem an deenen europäeschen effentleche Schoulen stattfënn, well et ass jo awer esou, dass dann do haaptsächlech d'Kanner aus der Immigratioun wäerten hikommen, soudass mer eng Trennung jee no Hierkonftsland, no Wuerzelen, no der Sprooch, déi een doheem schwätzt, eigentlech no der Nationalitéit wäerten hunn. Dat heescht, mir hunn duerno Schoulen, wou dann déi Englesch-sproocheg higinn, wou d'Fransousen higinn, mir hu Schoulen, wou d'Lëtzebuurger higinn, wou d'Portugiesen higinn. Jiddwereen kritt do e Modell, deen him natierlech perséinlech vläicht méi gerecht gëtt, mee fir d'sozial Kohäsion, fir den Zesummenhalt hei am Land ass dat doten eng Katastroph.

Et wier wierklech besser, mir géifen op déi Basen zrëckkommen, déi eist Land ausgemaach hunn. D'Integratioun an de leschten 100 Joer hei am Land, dat ass, d'Kanner zesummen a Klassen ze setzen, dass se zesumme kënnen opwuessen, well nëmmen, wa se zesumme kënnen opwuessen, da kënnen se och duerno zesummen dës Gesellschaft gestalten, esou wéi mer et bis elo gemaach hunn, mee dat wäert mat deem System hei ëmmer méi bedenklech ginn.

Dann drëtte Punkt: Et muss een och éierlech sinn, d'Zukunftschancë fir d'Kanner wäerten an dësen internationale Schoule deelweis méi kleng ginn. Et ass gewëssemoossen eng Mogelpackung. Och dat hunn ech hei scho gesot. Si léieren hei d'Sproochen net op deem Niveau, wéi se se géife an engem klassische Lëtzebuurger System léieren, a si wäerten duerno Schwieeregkeeten hunn, fir zum Beispill an d'Fonction publique eranzekommen, fir zum Beispill e Beruff als Polizist ze huelen. An ech weess och, dass eng ganz Partie Schoulmeeschteren a Jofferen an der Primärschoul Elteren, déi eventuell drun denken, fir hir Kanner an esou Schoulen ze ginn, hinnen dat och mat op de Wee ginn: „Passt op, wann Der Är Kanner do an d'Schoul gitt, da wäerte se duerno manner Chancen am Berufsliewen hei zu Lëtzebuerg hunn.“

*(Brouhaha)*

De véierte Punkt: D'Proffen, déi eis Sproochen ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

Jo, Dir kënnt grommelen, esou vill Der wëllt. De Fakt ass, déi dräi administrativ Sproochen, déi ee brauch, fir Polizist ze ginn, a fir eng ganz Partie Beruffer am effentleche Secteur, déi léiert een net op deem néidegen Niveau hei an deenen effentlechen europäesche Schoulen. Dat ass e Fakt! Do kënnt Dir grommelen.

*(Brouhaha)*

Voilà!

*(Coups de cloche de la présidence)*

Wa mer dann op de Punkt véier kommen, dee vun de Proffen, déi do agestallt ginn, déi deelweis eis Sprooch net kënnen: D'Chambre des Fonctionnaires, déi schwätzt dovun, dass een nach just eng administrativ Sprooch um Niveau B2 muss kënnen, a si stellt déi berechtigt Fro: „Jo, a wéi enger Sprooch schwätzen dann iwwerhaupt nach d'Proffen an d'Direktioun an esou engem Lycée mateneen?“ Voilà!

**Une voix** | Da kuckt dat emol eng Kéier.

**M. Fred Keup** (ADR) | Kann dat fonctionnéieren? Si schreiwen: „ne pourra guère fonctionner“. Ech mengen, d'Chambre des Fonctionnaires ass jo net op de Kapp gefall a gesäit do e Problem kommen. An dee wäert och kommen!

Dann ass allgemeng de Problem, deen d'Chambre des Fonctionnaires och uschwätzt, ech hunn et ugeschwat, datt den Niveau an de Sproochen e bësse

méi déif gëtt. A weider gëtt och geschriwwen, et wier fir „des élèves avec des profils linguistiques particuliers“. An de Risiko ass ganz einfach deen, dass op eemol d'Iddi opkënn: „Jo, do muss ee sech jo manner beméien, well et muss ee manner Sprooch léieren.“ Mir haten alleguerde warscheinlech vill Schwierigkeiten, Sproochen ze léieren, mee mir hunn et awer gemaach. An hei erliichtert een eeben de Leit dat an dat féiert eventuell dozou, dass een da manner motivéiert ass, fir sech wierklech ze verbesseren.

Sechste Punkt, an dat ass dann eng weider wierklech eklatant Ongerechtegkeet, do ka keen heibannen dergéintschwätzen: Dat ass de Punkt, datt ee bei eis am Lycée muss siwe Joer an der traditioneller Schoul maachen, an da mécht ee seng Première mat 19 Joer. An deenen europäeschen öffentleche Schoulen maache si hir Première mat 18 Joer. Si hunn ee Joer manner Schoul. Dat ass, wéi wann Der all Kand, dat am öffentleche System, am traditionelle System ass, einfach emol scho géift vu vireren e Joer duerchfale loosse. Ech fannen dat ganz, ganz schrecklech. Hei féiere mer bei eise Kanner eng Ongerechtegkeet an, déi net drobar ass.

De siwente Punkt ass d'Lëtzebuurger Sprooch, wou ëmmer gesot gëtt, se géif geléiert ginn. Ech wëll widerhuelen, ech hu mat enger ganzer Partie Acteuren do um Terrain och geschwat: Et ass quasi net méiglech, déi Kanner wierklech am Lëtzebuergeschen op e gudden Niveau ze bréngen, well se schonn an engem Ëmfeld opwuessen, wou quasi kee Lëtzebuergesch geschwat gëtt. A wann an der Schoul dann eng, zwou, dräi Stonne sinn ... Ok, et si vläicht vereenzelt lëtzebuergesch Kanner do, mee d'Ëmgangssprooch ass net Lëtzebuergesch a si léieren et net op engem Niveau, wou se duerno, fir drop zrëckzekommen, an der Fonction publique och kéinten eng entsprechend Plaz unhuelen.

Alles dat wonnert een awer net. An do kommen ech elo mol allgemeng op d'Fro: Wat wëll hei iwwerhaapt eng Regierung? An nach méi genee: Wat wëll eng DP? Et muss een net wäit siche goen. Viru siwen Deeg stoung et nämlech an engem Interview am „Quotidien“. Do huet d'Madamm Cahen nämlech gesot: „Il faut arrêter de parler d'intégration.“ „Il faut arrêter de parler d'intégration“, huet d'Madamm Cahen gesot! Integratioun ass fäerdeg. Dat ass net méi wichteg. An den Här Meisch, dee setzt dat hei ëm.

*(Brouhaha)*

Dee setzt dat hei ëm!

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Da sot awer elo alles.

**M. Fred Keup** (ADR) | Hei ass et keng Integratioun méi.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech hunn den Artikel och gelies.

**M. Fred Keup** (ADR) | D'DP wëllt keng Integratioun. Jo, Dir kënnt grommelen. Madamm ...

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift, e bësse méi roueg.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat ass wierklech eng Frecheheit!

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Keup huet d'Wuert.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Sot de ganze Saz!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Et ass just een, deen d'Wuert huet, an dat ass den Här Keup. Awer net méi laang, well seng Zäit ass schonn eriwuer.

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci. Ech hunn nach eng Motioun. Dofir kann ech e bësse méi laang schwätzen, Här President.

*(Exclamations et brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Nee, dat ass net cumulabel. Falsch!

**M. Fred Keup** (ADR) | D'Madamm Cahen, déi gesot huet: „Il faut arrêter de parler d'intégration“, an hei an der Chamber schonn eng Kéier gesot hat, ...

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift!

**M. Max Hahn** (DP) | Wéi ass de Saz weidergaangen, Här Keup?

**M. Fred Keup** (ADR) | ... an hei an der Chamber schonn eng Kéier am Kontext vun der Integratioun gesot hat: „Ech fannen, upassen ass jo scho ganz schliëmm“, a si wier total dergéint. Ech mengen, dass dat awer ganz wichteg ass, dass mir hei am Land Integratioun hunn. An Integratioun heescht, d'Kanner, Kanner vun allen Horizonter, zesummen a Klassen ze setzen, well mir hätte gären eng Gesellschaft, déi zesummewiisst. Do ginn et och Méiglechkeeten, déi mer hei schonn oft bruecht hunn, wéi een dat ka maachen a wéi een et ka besser maachen.

*(Interruption)*

An dat kënne mer erreeche, wa mer et wëllen. Dat hei ass einfach eng einfach Measure an do wäerte mir och dergéint sinn.

*(Interruption)*

An zur Motioun, déi mer nach hunn, dat ass ...

*(Interruption et hilarité)*

Här President, mir hunn elo sechs där Schoulen opgemaach ...

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Hei, wannechgelift!

*(Brouhaha et hilarité)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Mir hunn elo sechs där ... Här President, wéi ass dat elo hei?

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Also wann Der de President oprufft, streng ze sinn, dann ass e fir d'éischt emol streng mat Iech, well Dir sidd elo schonn zwou Minutten iwwert d'Zäit.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Di Bartolomeo, Dir hutt och net d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech hunn eng Motioun. Ech sinn direkt fäerdeg.

**M. Fernand Etgen**, Président | Kommt, mir probéieren elo, fir e bësse Rou ze fannen, datt den Här Keup kann ofschléissen.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | An hie provoziert dat Ganzt.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Jo hei, eng Meinung, déi Iech net gefält, ass fir Iech provocativ.

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

Nee, et gëtt Méiglechkeeten a mir fannen och, eng europäesch Schoul ka se maache fir vereenzelt Fäll vu Kanner, déi méi spéit kommen oder déi just e puer Joer kommen, wéi d'Madamm Hansen et och gesot huet, mee hei gëtt et op eemol ze vill. An dofir reeche mer eng Motioun eran, fir elo hei mat deene Schoulen nom öffentlechen europäesche Modell opzehalen

an erëm hinzugeen an traditionell Schoulen ze privilegiéieren.

Ech soen Iech Merci.

## **Motion 1**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt:*

– mat der „École internationale Gaston Thorn“ déi mëttlerweil 6. Europaschoul zu Lëtzebuerg gegrënnt gouf, an dat seit 2016, wat bedeit, datt hei am Land praktesch ail Joer eng nei öffentlech Europaschoul kreiéiert gëtt;

– de klassesche Lëtzebuurger Schoulssystem mëttlerweil an alle Regione vum Land der Konkurrenz vun engem Schoulmodell ausgesat ass, dee vu villen Elteren a Schüler opgrond vu senger „Flexibilitéit“ besonnesch am Hibleck op de Sproochenunrecht virgezu gëtt;

– der Entscheidung vun der Regierung, fir an all Regione vum Land eng Europaschoul ze grënnen, keen nationalen Debat iwwer d'Zukunft vun der Lëtzebuurger Schoul virausgaangen ass an datt dobäi am Speziellen den Dialog mat de concernéierte Berufsverbänn net ausräichend gesicht gouf,

*ass sech bewosst, datt:*

– duerch d'Implementéierung vun ëmmer neien Europaschoulen déi sozial Kohäsion hei am Land geschwächt gëtt, andeems duerch d'Alphabetiséierung a verschiddene Sproochen net méi garantéiert gëtt, datt déi ënnerschiddlech Bevölkerungsgruppen hei am Land an Zukunft iwwerhaapt nach matenee kommunizéieren kënnen;

– d'Europaschoulen eng Ongerechtegkeet schafen an deem Sënn, datt „traditionell“ Schüler 13 Joer an d'Schoul goe mussen, bis se hir Première hunn, déi „international“ Schüler awer just 12 Joer;

– d'Gefor besteet, datt d'Europaschoulen iergendwann just nach dat ubidden, wat international Konzernner als Norm festleeën, an datt Bildung doduerch iergendwann zu engem lukrative Geschäft gëtt;

– déi de Schüler vun Europaschoulen offréiert Optioun, hir Unterrechtssprooch zum Deel selwer wielen ze kënnen, als Fluchtméiglechkeet kéint gesi ginn, déi ville Schüler spéider den Zougank zum méisproochge Lëtzebuurger Aarbechtsmaart verbaut,

*fuerdert d'Regierung op:*

– den Ausbau vun den Europaschoulen ze stoppen an den „traditionelle“ Lëtzebuurger Schoulssystem erëm méi ze valoriséieren, amplaz d'Europaschoulen öffentlech als „ideal Alternativ“ zum traditionelle Schoulssystem duerzestellen, déi besser dem individuelle Schüler mat sengem soziokulturellen/ethneschen Background ugepasst wier.

*(s.) Fred Keup.*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Keup.

*(Brouhaha)*

**Une voix** | Äusserst ...!

**M. Fernand Etgen**, Président | An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Sou, an elo alleguer emol erëm „ommm“.

*(Brouhaha et hilarité)*

**Une voix** | Et ass wéi an der Schoul.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lenk) | Et ass wéi an der Schoul. Elo gi mer emol e bësse lues.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Mir sinn net an engem Cabaret.



**Une voix** | Mir sinn an der Schoul.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Et kéint een awer bal mengen.

(Hilarité)

Als Alleréisch, Här President, dem Rapporteur mol e grouse Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Virun nach net allze laanger Zäit hate mer hei an der Chamber eng Interpellatiounsdebatt iwwert d'international Schoulen. An nach déi lescht Woch hu mer hei iwwert d'Inégalités scolaires debattéiert. A bëiden Debatten hu mir, déi Lénk, eis Positioun zu den internationale Schoulen erkläert an och eis Kritik dozou geäussert.

Mir sinn absolutt net géint d'Entsteeung vun neie Schoulen. Mir sinn och net per se géint de Modell vun der internationaler Schoul, dee jo och seng Berechtigung huet, awer an engem ganz speziellen demografeschen a linguistesche Kontext.

Mir hunn awer grondsätzlech e Problem domat, datt déi international Schoule mëttlerweil e parallele Schoulsystem gi sinn, an dat nieft dem klasseschen effentleche Schoulsystem. An deem System gëtt dann och anescht wéi am klasseschen effentleche Schoulsystem mat alternativen Unterrichtsmethoden an aneren Usätz zu der Méisproochegkeet hantéiert, ouni datt awer jeemools eng Kéier e Bilan aus dësen Erfarunge gezu ginn ass, ouni datt jeemools eng Kéier eng Bewäertung vun deene Modeller gemaach ginn ass. Anscheinend hunn dës international Schoule jo dann awer och ëmmer méi Succès, vu datt d'Schülerziel an deene Schoule steeteg klëmmt. Do muss ee sech Froe stellen. Wéi ass dat ze verstoen? A virun allem: Wat bréngt et de Kanner? Ee Joer manner Schoul an dann ee Joer Gesamtschoul virum Iwwergang an de Secon-daire.

Et muss een hei wëssen, datt de Fundamental just eng Spann vu fënnf Joer huet. Eleng dat ass net oninteressant a scho méi avantgardistesche wéi de klassesche Schoulsystem, wat jo och net schwéier ass.

Wann ech mer dann de Projet vun der Gaston Thorn international school esou ukucken, ginn ech dovunner aus, déi international Schoule wieren och vill besser ekipéiert wéi déi normal Schoulen, besser mat informatichesche Material ekipéiert, an natierlech sinn hei d'Gebaier fonkelnei an an deem Sënn schonn un de Plan d'étude an un d'Exigence vum Digital Learning adaptéiert.

Ech kann Iech soen, wéi flagrant dee Qualitéitsënnerscheed par rapport zu verschidde Quartierschoulen am klassesche Fundamental ass. Do ginn et Schoulen, déi hunn alles, an anerer hunn näischt. A wéi esou oft sinn et oft déi Schoulen, wou déi meeschte Schüler vun deene sozioekonomesch schwache Gesellschaftsschicht kommen, déi am schlechtesten ekipéiert sinn.

Domadder ass deenen also erëm net gehollef. Chancëgläichheet null! Et muss ee jo wëssen, datt jo de Staat finanziell fir alles opkënn, wat mat der Ausstattung vun den internationale Schoulen ze dinn huet. Fir den normalen effentleche Fundamental mussen d'Gemeengen zu 100 % fir den Ekipement opkommen.

Här President, éier mir elo op de Wee ginn, fir déi internationale Schouloffer op en Neits ze erwidern, misste mer mol ofwaarden, bis déi éischt Promotiounen aus deem System mol hir Première gemaach hunn, fir ze wëssen, ob si domadder méi oder manner Chancë kruten, fir op d'Uni ze goen oder fir eng Aarbecht ze kréien. Misst een net de Bildungsbericht 2024 ofwaarden? An deem ginn nämlech déi international Schoulen och endlech ënnersicht, fir dann déi Beräicher, déi sech bewären, an eisen nationalen effentleche Schoulmodell ze integréieren an esou

domadder ze harmoniséieren, awer och einfach, fir sécher ze goen, ob een dee Modell vun den internationale Schoule bäibehält an d'Offer ausbaut, fir dann och deementspriedchen jiddereen vun engem System profitéieren ze loossen, deen d'Chancëgläichheet kann a soll favoriséieren.

Här President, mir haten an enger Motioun am Kader vun eiser Interpellatioun zu de schouleschen Inegalitéiten d'lescht Woch gefrot, datt viraussiichtlech keng Erweiterung vun der internationaler Schouloffer soll stattfannen, ouni datt eng Evaluatioun vun deem Modell am Bezuch op déi schoulesch Leeschtung gemaach gi wier. Mir stinn an deem Fall zu där Ausso. Mir sinn net géint e Schoulgebaier, mir sinn net géint de Bau vun enger weiderer Schoulinfrastruktur, au contraire!

An eise Gemenge feelt et plazeweis massiv un neie Schoulen, mee dat ass jo anscheinend de Gemeengen hire Problem an Deel vum normalen effentleche Schoulsystem, fir dee sech de Minister scho laang net méi esou ze beegeschtere weess.

Mir wëllen net méi nokucken, wéi de Minister weiderhi blann viru sech hi seng parallell international Schoullandschaft opbaut, an déi jo awer finanziell Mëttelen a Personalressourcë fléissen, ouni datt jiddereen – ech betounen: jiddereen – ka vun dëser Offer profitéieren. An dat ass am Fong dat, wat hei um Spill steet, ouni ze wëssen, ob dat sech herno fir d'Zukunft vun de Kanner a Jugendlechen rentéiert, déi dëse Parcours amplaz dee klassesche Schoulwee gaange sinn.

Just esou um Rand wëll ech och nach bemierken, datt an den internationale Schoulen, vu datt se do jo sollen de Bac maachen, keng Filière vorhande si fir de Beräich Handwerk. Fazit ass, datt all déi Schüler/innen, déi dës Schoule besichen, d'office dem Handwerk verluer ginn, wat jo awer och net näischt ass. D'Handwerkskummer laut am Moment och d'Alarmglacken. Et gëtt vill Aarbecht, mee net genuch Handwerker, vläicht och, well bei eis geschwé kee méi ausgebilt gëtt.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An als leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement prett. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt fir d'zweet dann haut e grouse Merci un de Rapporteur Claude Lamberty fir säi Rapport zu dësem Thema, wat jo awer akut ass, aleng och scho vum Timing hier, well mat der École internationale Gaston Thorn soll fir d'Rentree elo schonns déi sechst staatlech international Schoul zu Lëtzebuerg opgoen.

Et ass also net déi éischte Kéier, datt mer esou e Projet stëmmen, a mir hate virun e puer Méint jo och eréischt eng Interpellatioun zum Thema vun den internationale Lycéeën hei an der Chamber. An och net méi spéit wéi d'lescht Woch gouf et schonn erëm eng Interpellatioun, an dës Kéier iwwert d'Ongläichheeten an der Schoul, wou mir och op d'international Schoulen agaange sinn.

Wat ech haut also wäert zielen, ass soumat am Kär näischt Neies. D'Positioun vun de Piraten huet sech net iwwer Nuecht op wonnersam Aart a Weis geännert.

Kuerzfristeg kënnen dës Schoulen nämlech e wichteg Mëttel sinn, fir d'Schouloffer ze diversifiéieren, fir esou de verschidde Besoine vun de Kanner séier gerecht ze ginn, mee laangfristeg dierf et net d'Zil sinn, de klassesche lëtzebuergesche Schoulsystem engersäits an de System vun den internationale Lycéeën anersäits

parallell vuneneen a virun allem laanschteneen lafen ze loossen. Eise Schoulsystem soll dozou bäidroen, Kanner mat verschidde Hannergrënn a Fäegkeeten zesummenzebréngen, an net, d'Schülerinnen an d'Schüler vu Klengem un ze trennen.

Wa mer eng multikulturell Gesellschaft wëllen, wou wirklech en Austausch tëscht de Mënsche besteet, da musse mer dësen Austausch och schonn a jonke Joren ureegen. An dat ass net esou einfach mat zwee parallell lafende Schoulsystemer.

Laangfristeg muss dofir an eisen Aen d'Zil sinn, innerhalb vun eng an där selwechter Schoul d'Alphabetiséierung an Zukunft a méi wéi just enger Sprooch unzëbiden, a verschidde Klassen, mee ënner engem gemeinsamen Daach, fir datt et méiglech ass, datt d'Kanner aus den eenzelne Klasse sech fir verschidde Fächer, déi net primär d'Sprooch betreffen, och ënnereneen mësche kënnen, well nëmmen esou gëtt et méiglech, datt Kontakter zwëschen deenen eenzelne Filière geknapp ginn.

Ech sot et d'lescht Woch schonn an ech widerhuelen et haut: Mir brauche Schoulen, an deene sech Persounen mat an ouni Migratiounshannergrond, mat deene verschidde Sproochekenntnisser a mat an ouni Handicap eng Zukunft kënnen opbauen, an dat gemeinsam a virun allem net isoléiert vuneneen, well soss bleiwen eis Gesellschaftsgruppe sech leider vill ze oft och als Erwuessener nach ëmmer friem.

Mee wéi gesot si mir Piraten eis bewusst, datt eng Reform vum traditionelle lëtzebuergesche Schoulmodell net einfach vun haut op muer geschéie kann. A mir gesinn dofir an der zousätzlecher Offer, déi mat den internationale Schoule geschaaft gëtt, kuerzfristeg eng Chance, fir de Besoin vu ville Kanner hei am Land séier kënnen gerecht ze ginn, an dofir sti mir dës Schoulen och net am Wee. Nee, mir wäerten dës Projet dofir matstëmmen, mee eeben net ouni ze betounen, datt laangfristeg näischt un enger Moderniséierung vum Schoulsystem laanschtfeiere kann.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsmi-nister Claude Meisch.

### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci dem Claude Lamberty nach emol fir säin ausféierleche Rapport. Och merci all den Intervenanten hei.

Jo, et ass e Stéck Aarbecht gewiescht, innerhalb vu sechs Joer elo déi sechst agreéiert Europaschoul – also eng effentlech Europaschoul, fräi zougänglech, gratis, fir all Kanner vun eisem Land – ze plangen an dann nächsten Hierscht opzemaachen. Well nëmmen a sechs Joer hu mer dat dote gemaach an an der Moyenne si mer dann eng weider Schoul pro Joer a mir hu jo ganz staark domadder innovéiert. Mir hunn dann och Grondschoulen ënner staatlecher Kontroll agefouert.

Mir hunn domadder sécherlech och innovéiert, well mer jo an den internationalen europäesche Schoule ganz besonnesch vill méi Flexibilitéit hunn, wat de Sproochenunterricht ubelaangt, eppes, wat mer jo hei zu Lëtzebuerg ganz besonnesch brauchen. A mir hunn dat an deene sechs Joer gemaach, donieft datt mer och aner international Programmer wéi déi britesch Programmer, wéi den IB ausgebaut hunn.

Mir gesinn haut, grad wou mer awer den Accueil ze bewältege gehat hu vu ronn 1.300 ukrainesche

Schülerinnen a Schüler, wéi wichteg datt dat doten och nach emol war, well wa mer am Laf vun deene leschte Wochen déi Schülerinnen a Schüler konnten an eise Schoulsystem integréieren, dann och nëmmen dank der Presenz vu virun allem och den agreéierten Europaschoulen, awer och dem Programm vun den A-Levels am Lycée Michel Lucius.

Mir hunn an den internationalen öffentleche Schoule vun deenen 1.300 Schülerinnen a Schüler iwwer 800 Schülerinnen a Schüler kënnen integréieren a gutt iwwer 400 sinn et dann nach emol an de Grondschoule queesch uechtert d'Land. Dat hätt mer net fäerdegbruecht ouni d'Presenz vun öffentlechen internationale Schoulen, woubäi ech nach eng Kéier hei wëll ënnersträichen, datt déi Situatioun, déi mer grad erliewe mat der aktueller Flüchtlingskris aus der Ukrain, net esou exzeptionell ass, wéi een awer kéint mengen: 1.300 Schülerinnen a Schüler, déi mer elo innerhalb vun e puer Wochen hu missen integréieren, par rapport zu iwwer 2.000 Schülerinnen a Schüler, déi mer Joer fir Joer als sougenannt Primo-arrivanten aus dem Ausland heihinnerkréien an déi hir Scolari-téit an engem anere Schoulssystem ugefaangen hunn an déi mer hei mussen integréieren a wou mer awer eng gewësse Weiderféierung mussen assuréieren.

Dat seet, datt mer eigentlech net nëmmen an Ausnamesituatiounen esou Schoule brauchen, mee datt mer se permanent brauchen. An duerfir kann ech awer och net richteg verstoen, datt elo e Moratoire misst hei gemaach ginn, datt mer keng weider Schoule méi an deem dote Modell sollte plangen, ausbauen an opmaachen, well mer ganz einfach queesch uechtert d'Land där doten Offere brauchen.

An ech si frou, datt mer eeben och hei am nächste September mat der École internationale Gaston Thorn um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg eng deemt-sprechend Offer zousätzlech kënnen opmaachen an domadder awer vum Süden iwwert den Zentrum an den Osten an den héijen Norde bis op Clief erop iwwerall där dote Klassen hunn an domadder awer och eng gutt regional Verdeelung vun deene Schoulen hunn.

Ech verstinn déi Iwwerleeungen, wat de Fundamental ubelaangt, datt een do natierlech nach eng Kéier, wat den Transport ubelaangt, méi eng Erausforderung huet, wéi wann d'Kanner am Alter vum Lycée sinn. Mee och duerfir, denken ech, sollen eis Iwwerleeungen hei net ophalen.

Et ass hei eng wichteg Alternativ zu eisem traditionelle Schoulssystem entstanen. Domadder hu mer d'Diversitéit, déi mer an der Populatioun hunn, méi staark ofgebilt an eiser Bildungslandschaft an dorops ass et eeben ukomm, datt mer fir all Kand hei och eng entsprecheend schoulesch Offer kënnen hunn. An do sinn eeben déi Europaschoulmodeller ganz besonnesch interessant, well mer do eng grouss Flexibilitéit am Sproochenunterrecht hunn. Ech mengen, mir hunn et virun e puer Wochen am Fong diskutéiert. Et ass haut nach eng Kéier ugeschnidde ginn. An dat ass jo awer eppes, wat mer, jo, sécherlech net nëmmen an den agreéierten Europaschoule brauchen.

Dat ass eng Situatioun, déi mer iwwerall hunn, souwuel an de Grondschoule wéi och an eise Lycéeën. Wa mer kucken, wat fir eng Sproochen d'Schülerinnen an d'Schüler doheem schwätzen, wat fir eng Méisproochegkeet mer hinnen an der Schoul wëllen bäibréngen a wëlle vermëttelen, da brauche mer Schoulmodeller, déi eeben nach méi flexibel si wéi eisen traditionellen. An hei kënnen mer ganz, ganz villes léieren.

Ech wëll ënnersträichen, datt et, wéi bei all Lycée, deen an de leschte Joren opgaangen ass, och hei

erëm eng Kéier e Ganzdaagsmodell ass, souwuel fir de Primaire wéi och fir de Secondaire, well mer fest dovunner iwwerzeegt sinn, datt eng Ganzdaagesoffer, déi jo net obligatoresch fir jiddereen ass, mee déi fakultativ ass, och derzou bäidréit, datt mer méi Chancégerechtgkeet kréien, datt all Kand deem-entsprechend ka gefërdert ginn an datt mer hei net nëmmen um schoulesche Plang mam Kand schaffen, mee och um mënschleche Plang mam Kand schaffen a ganz villfälteg Kompetenzen doriwwer kënnen entweckelt ginn.

Ganz flott ass – an ech si frou, datt dat awer och bei ville Virriednerinnen a -riedner hei ënnerstrach ginn ass –, datt mer den Haaptakzent hei och op aner Sujete setzen an net nëmmen op de flexibele Sproochenunterrecht, mee eeben och op d'Musek, och dorobber, datt mer déi digital Outil maximal am Unterrecht sollen asetzen, an awer och op d'Participatioun vun de Kanner an deene Jonken, eng gelieft Participatioun, eng demokratesch orientéiert Erziéung hei och garantéieren.

An ech denken, datt doduerjer d'Schoul och hirem Namensgeber, dem Gaston Thorn, ganz besonnesch nach eng Kéier wäert gerecht ginn an datt mer hei och ganz besonnesch, wéi an allen aneren agreéierten Europaschoulen, den europäesche Geescht vermëttelen. Dat ass e Geescht vum Mateneen a vum Mateneen-Opwuessen a wou d'Stärkt aus der Diversitéit eraus kënnt. Den Ënnerscheed mécht eis alleguer staark. Dat liewe mer all Dag hei zu Lëtzebuerg an dat ass och de Motto, no deem déi agreéiert Europaschoule generell fonctionéieren.

Natierlech – an dorobber hu mer jo och schonn hei virun e puer Wochen higewisen – musse mer ee vun deem anere léieren, musse mer kucken, wat vläicht en Tick besser fonctionéiert an deenen dote Schoulmodeller wéi an eisem traditionellen. Mir maachen duerfir Pilotprojeten, wat d'Alphabetiséierung op Franséisch ubelaangt. An et soll een net zécken, och emol nach ganz genau hinzugeen an ze kucken, wou den europäesche Modell aneschtters fonctionéiert, zum Beispill um Plang vum Redoublement, wat e groussen Challenge ass an all eise Schoulen hei zu Lëtzebuerg, awer och an aneren Domänen, fir ze kucken, wéi mer eis do kënnen inspiréieren.

Dir wësst, datt mer e breet ugeluechte Prozess hunn, fir de Léierplang 2025 ze erstellen, an ech denken, och an deem Kontext solle mer vun den europäesche Schoulen, awer och vläicht vun aneren internationale Programmer léieren. Dat, wat do fonctionéiert mat deene selwechte Kanner, wéi mer se eigentlech an alle Schoulen hunn, datt solle mer eis eriwuerhuelen, ouni mussen dat futti ze maachen, wat bis ewell an eisen traditionelle Schoule gutt fonctionéiert huet an och nach ëmmer gutt fonctionéiert.

Et ass hei sécherlech och eng Fro vu Chancëgläicheit, déi mer bidden, wann et viru sechs Joer nach esou war: Wann ech e Kand wollt an eng Europaschoul dinn an ech war net grad Fonctionnaire bei den europäeschen Institutionen, dann huet dat eng jett Dausende vun Euro d'Joer kascht, fir e Kand do integréiert ze kréien.

Haut si mer frou, datt mer an alle Landesdeeler kënnen soen: „Et gëtt eng deemtspriechend Offer, déi ass fräi zougänglech fir jiddereen a se ass gratis fir all Kand!“ Well vill vun deene Kanner, wou d'Eltere sech dat net konnte leeschten, déi hu missen de Wee mam Bus a mam Zuch oder mam Auto all Dag an d'Ausland an eng Schoul hanner eis Grenze sichen oder se waren dach awer ganz schnell Affer vum Échec scolaire a konnten eeben net ofschléisse mat engem Diplom an hinnen ass domadder de Wee

an eis Gesellschaft eran, och de Wee, fir an d'Gesellschaft eranzewuessen a fir domadder eis Gesellschaft zesummenzehalen, ganz dacks verwiert bliwwen. An duerfir ass dëse Modell och ee vun der Cohésion sociale, wou jidderee seng Chance kritt, fir en aktiven Acteur an eiser Gesellschaft ze sinn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Här President, ech wëll vläicht just nach op zwee Aspekter agoen, déi vun de politesche Ränner awer genannt goufen an déi ech esou net ka stoe loossen, well ...

*(Interruption)*

Jo, hei an do zum Beispill. Well wann hei gesot gëtt, déi nei École internationale Gaston Thorn wéi och aner nei Schoulen, déi hätt perfekt Infrastrukturen, géifen a blitzblanke Gebaier sëtzen, déi grad elo eréischt gebaut gi wäeren, dann, mengen ech, muss ee sech awer e bëssen informéieren an ech mengen, och dat steet an den Dossieren hei, wou déi Schoule sinn.

Dat ass nach ëmmer e provisoersch gebaut Gebai um Geeseknappchen, wou de Secondaire ënnerbruecht ginn ass, am Volleksmond „Blumm“ genannt, eng ganz schéi Schoul, mee awer provisoersch gebaut. An et ass och e Provisorium zu Zeisseng, wou déi Kanner ënnerbruecht wäerte sinn am Fondamental, wou d'Stad Lëtzebuerg kee Besoin méi hat a wou mer frou waren, datt mer déi Gebailechkeete konnten iwwerhuelen. An ech géif mer wënschen, datt mer deemnächst och kéinte ganz ...

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Ech hat dat net gesot.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Jo, ech hu jo och net vun Iech bei de politesche Ränner geschwat, Madamm Hansen.

*(Hilarité générale)*

Madamm Hansen, wann Dir Iech do ugeschwat fillt, dat ass nu wierklech net mäin ..., wann Dir Iech do ugeschwat fillt, dat ass nu wierklech net mäi Problem, mee hannert Iech sëtzen och nach Leit.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Madamm Hansen, hei ass ...

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti, fir déi Kloststellung an et ass elo erëm um Här Meisch.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | An dann, Här President, wat mech awer dann och e bësse fochst, dat ass, wa mer hei d'lescht Woch eng Diskussioun haten an eng Deputéiert hei den Tronc commun fuerdert an dann hei géint dëse Projet stëmmt a géint dee Modell hei wiedert, wou mer hei e Modell hunn, wou een net nëmme bis den Alter vu 15 Joer zesummen an der Bänk sëtzt, mee wou Schülerinnen a Schüler, déi no eisem Fondamental an de Secondaire classique oder an de Secondaire général orientéiert goufen, zesumme kënnen an der Bänk sëtzen a léiere bis hire Bac.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Dann denken ech awer, hu mer net alles verstanen an da ginn déi Diskussiounen hei net ëmmer ganz éierlech gefouert!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Gradesou wéineg, wéi ech nach ...



(Brouhaha)

Gradesou wéineg, Här President, wéi ech nach ëmmer net verstinn, datt een Deputéierten net midd gëtt – net midd gëtt! – ze soen, déi Schülerinnen a Schüler aus den internationalen ëffentleche Schoulen hei zu Lëtzebuerg kee Lëtzebuergesch géife léieren. Ma gitt dach eng Kéier kucken! Mee Dir wëllt net kucke goen!

(Interruptions)

Ech war de Moien, Här President, an der internationaler Schoul zu Jonglënster. Ech si mer do Klassen ukucke gaangen an ech hu mat de Schülerinnen a Schüler a mat den Enseignantë geschwat, wou d'Schüler viru sechs Woche bei eis komm sinn aus der Ukrain. Déi hu Lëtzebuergesch geléiert! Ech hunn et mat mengen Ae gesinn a mat mengen Oueren héieren. Ech géif mer wënschen, Dir géift dat och maachen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | Exzellent!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Educationminister Claude Meisch. Parole après ministre fir d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo.

(Exclamations et brouhaha)

O Mamm, o Mamm, o Mamm.

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | An da seet den Här Di Bartolomeo zu mir, mir wieren hei net am ... Wéi hat der gesot? Mir wieren hei net am Theater oder wat?

**Plusieurs voix** | Am Cabaret.

(Brouhaha)

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Am Cabaret. Majo, hei, do sëtzt de Cabaret!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Entspannt Iech emol!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Also ech mengen net, datt ech näischt verstanen hunn, Här Meisch.

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Cecchetti, kommt zur Saach, wannechglift!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech sinn éischter der Meenung, datt Dir et net verstanen hutt. Bon, mir komme vun enger anerer Richtung. Dir hutt eng aner Perception vu Schoul wéi mir. Dat ass dat, wat ee muss soen!

(Interruptions)

Firwat maache mer zwee parallell Systemer? Dir hutt nämlech nach ëmmer net verstanen, wat meng Interpellatioun vun der leschter Woch war! An Dir hutt och net verstanen, wat ech dës Woch gesot hunn. Ech hunn näischt géint en Tronc commun, au contraire! Mee dann hätte mir gär, datt an eisen ëffentleche Schoule genau dat, wat Dir elo mat Ären internationalen europäesche Schoule maacht, och soll d'Méiglechkeet sinn!

An datt si elo an engem provisoiresche Gebai sëtzen, dat ass awer och just, bis et um Lampertsbiërg fäerdeg ass. Dat ka jo awer net sinn, datt een hei d'Wierder esou verdréit kritt am Mond! An Dir wësst ganz genau, wat ech wollt soen. Dir verdréit engem just d'Wierder am Mond!

Mir si fir en Tronc commun. Mir wiere frou, ...

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ommm!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | ... wann Dir dat doten alles, nodeems de Bildungsbericht jo dann eng super Aarbecht mécht ... Well déi maachen eng super Aarbecht. Déi maache schonn zënter 2015 eng super Aarbecht. Do steet alles dran, wat en Educationsmi-nister muss brauchen, ka brauchen a muss brauche mat sengem Ministère. E brauch et just ëmzesetzen. Et gëtt awer net ëmgesat! Et gëtt just an den europäesche Schoulen ëmgesat. Firwat?

Firwat gi mir net hin a mir stieche genau déi doten Efforten dran an déi ...?

(Interruptions)

Also, jo, esou gëtt et gemaach: Wa mer hei wierklech fundamental diskutéieren, da gëtt ee lächerlech gemaach als Persoun. Also dat bedeit net, datt ee ganz, ganz clever ass als Politiker, fannen ech emol!

(Brouhaha)

Firwat stieche mer net genau déi Efforten an eis Schoulen? Firwat gi mer deenen net d'Hand a mir reechen deenen net déi nammlechte Moyenen? Firwat reeche mer eise Gemenge se net?

Dir kënnt net verleugnen, datt mir Gemengen hunn, déi kënne hir Schoulen net esou ausriichten, wéi déi europäesch Schoulen ausgeriicht sinn. Dat kënnt Dir net verleugnen! Mir hu Schoulen, déi si super ausgeriicht, zemools wat dat informatesch Material ugeet, awer et si Schoulen, déi hunn dat net. A wien ass de Leidtragenden? Awer d'Kanner, déi dohiginn. Ech mengen, do hu mer awer eng gewësse Responsabilitéit.

An ech mengen, mir hunn hei op dëser Säit dann ee sëtzen, deen dat ëmmer erëm uprangert, datt seng Gemeng dat muss bezuelen, datt si dat net wëlle bezuelen an datt et eigentlech misst um Ministère sinn, de Gemenge vill méi ënnert d'Äerm ze gräifen.

Mir schwätzen hei nach ëmmer vun där nammlechter Schoul an ech sinn net schizophreen, well ech déi eng Säit soen, et géif en Tronc commun ginn, deen ech gutt fannen, an op där anerer Säit stëmmen ech et net mat. Mir enthalen eis hei just. Mir stëmmen et net net mat, mir enthalen eis just. A mir fannen dat ganz super. Wann Der gutt nogelauschtert hätt, hu mer jo gesot, datt et avantgardistesche wier, wat hei gemaach gëtt. Dat hu mer gesot an eiser Ried. Et muss ee just nolauschteren!

Mee mir hätte gär, datt eis ëffentlech Schoulen wierklech och déi nammlechte Chance kréien, datt déi Kanner, déi net kënne an déi hei Schoul goen, déi nammlechte Chance kréien. Dat ass awer net esou! Do kënnt Dir Iech dréinen a kéieren, wéi Dir wëllt, an Dir kënnt eis lächerlech maachen, esou vill wéi Dir wëllt, dat ass esou! Djö!

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An da Parole après ministre fir den Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, merci, Här President. Ech wollt ganz kuerz eng Propos maachen. Den Här Meisch huet gesot, dass do ganz vill Lëtzebuergesch géif geléiert ginn, dass déi Kanner och da gutt kéinte Lëtzebuergesch schwätzen. Ma da géif ech proposéieren, da gitt emol op Déifferdeng, dat ass jo dann déi eelst europäesch ëffentlech Schoul. Dann hu mer do déi Kanner, déi 15 Joer hunn, mir maache jo och soss immens vill Tester an Etüden, an da maache mer do nom europäesche Referenzrume vun de Sproochen en Test am Lëtzebuergesche bei de Kanner vu 15 Joer zu Déifferdeng am Lycée. An da kënnt Der dat beweisen, wat Der hei behaupt. Ech mengen, dat wier e fairen Deal.

Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Keup. Da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier ... Nee.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech denken, ech wëll zur Berouegung bäidroen an näischt méi soen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7978. Den Text steet am Document parlementaire 7978<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7978 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 34 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 22 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : Mme Viviane Reding ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

**Motion 1**

Da komme mer nach zur Motioun, déi vun der Sensibilitéit vun der ADR deposéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci, Här President. Ech wäert menger Fraktioun virschloen, déi Motioun hei net ze stëmmen.

Ech wëll awer vun der Geleeënheet profitéieren, well d'DP-Ministesch Corinne Cahen hei ernimmt ginn ass, fir de Saz fäerdeg ze maachen – an ech soen dem Kolleg Yves Cruchten Merci, dass e mer den Artikel eriwergeschéckt huet –, de Saz fäerdeg ze maachen, wou den Här Keup am Fong insinuéiert, d'Integratioun zu Lëtzebuerg géif net méi spillen: „Tout d'abord qu'il faut arrêter de parler d'intégration, parce que, finalement, qui intègre quoi ou qui? C'est un peu vieux jeu. On préfère aujourd'hui parler

de vivre ensemble, parce que si on veut rester ce que nous sommes, il faudrait d'abord définir ce qu'on est. Pour moi, nous sommes une société vraiment exceptionnelle avec 48 % de non-Luxembourgeois. Les gens doivent devenir acteurs dans leur inclusion, de leur intégration."

An duerfir ass genau deen doten Dag, wou deen Artikel erauskomm ass, nämlech de 7. Juni dëst Joer, am „Quotidien“, d'Madamm Minister an d'Éislek gefuer, an zwar huet se do e Pakt ënnerschriwwen – ech mengen, et war beim Här Eicher, wann ech op der Foto richteg gekuckt hunn –, an dat ass de Pakt vum Zesummeliewen an et ass net de Pacte de l'intégration, et ass net de Pakt vun der Integratioun.

An duerfir wär ech frou, Här Keup, wann Der an Zukunft ...

**M. Max Hahn (DP)** | ... ganz Sätz géift maachen!

**M. Gilles Baum (DP)** | ... meng Ministeren hei zitéiert, dass Der wannechgelift net en hallwe Saz aus dem Kontext huet, ...

(Brouhaha)

... mee de ganze Saz zitéiert. Esou vill Éierlechkeet muss ee vun engem Deputéierte kënnen erwaarden.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Baum. Dann huet d'Madamm Hansen d'Wuert gefrot.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Jo, merci, Här Président. Ech kann elo leider net vu menge Ministere schwätzen, mee ech schwätzen erëm zur Motioun. A mir sinn zwar der Meenung, datt mer keng parallell Schoulwelte sollen opbauen, mee mir sinn awer enger fundamental anerer Meenung, wéi een eise Schoul-system ka valoriséieren, well do diskutéiere mer dacks kontrovers driwwer. Also wäerte mer dës Motioun net stëmmen.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hansen. Dann ass et un der Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Jo, mir kënnen leider dës Motioun och net matstëmmen, well bei eis ass et och d'nämmlecht. Mir wëllen d'Europaschoulen net stoppen. Mir wëllen, datt se ënnersicht ginn an datt mer doraus léieren an datt dat an eis Schoulen integréiert gëtt an datt mer dann eng Chancëgläichheet do hunn. An de Status quo vun den traditionelle Schoule wëlle mer och net. Mir hätte gär eng Reform vun de Schoulen a mir hätte gär eng Verbesserung mat deene Léieren, déi mer aus de Bildungsberichte zéien.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. An da ginn ech d'Wuert weider un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här Président. Wie virdu meng Ried héieren huet a verstanen huet, deen huet och matkritt, datt ech deem ganze Konzept hei zwar laangfristeg kritesch entgéintstinn, awer ganz kloer kuerzfristeg de Benefiss gesinn. An duerfir kënnen mer déi Motioun hei och net matstëmmen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement. Da ginn ech d'Wuert nach eng kéier un den Auteur vun der Motioun, den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup (ADR)** | Jo, merci, Här Président. Jo, ech mierken, dass hei kee Konsens ass, fir dat dote matstëmmen. Dann huelen ech un, dass hei d'Iddi ass, fir nach weider där europäesch Schoulen, also ëffentlech europäesch Schoulen, opzemaachen. Da géif et mech awer interesséieren: Wat fir eng

Perspektiv hu mer dann do? Wéi vill sollen där dann do an deenen nächsten zéng Joer nach derbäikommen? Wéi vill Schüler sollen am Endeffekt kënnen do dragoen? Soll dat duerno hallef, hallef sinn? Wat ass de Plang? Dat ass dat, wat mer e bësse feelt. An dat wier awer vläicht gutt, wann de Minister eis dat eng kéier kéint erklären.

Merci.

(Interruptions)

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Keup.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, doriwwer wëllt Der net schwätzen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech mengen, elo kënnen mer zur Ofstëmmung vun der Motioun kommen.

**Vote sur la motion 1**

De Vott fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass mat 4 Jo-Stëmme bei 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

*Ont voté non : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

## 6. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet de l'urgence de réglementation des tâches du personnel éducatif et psycho-social des centres de compétences

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Reglementatioun vun den Tächë vun Erzéiungs- a psychosoziale Personal an de Kompetenzzentren, déi déi politesch Sensibilitéit déi Lénk ugefrot huet. An ech géif direkt d'Wuert un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti ginn als Vertrie-derin vun der politescher Sensibilitéit déi Lénk. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Merci, Här Président. Här President, säit der Grënnung vun der Ediff 1973 gouf nach ni an enger politescher Ronn iwwert d'Aarbechtskonditiounen vum Personal debattéiert. De Sujet gouf ni wierklech an der Chamber opgegraff. D'Tächë goufen nach net gesetzlech definéiert. An

och nom Accord, deen de Minister Meisch mat der CGFP eleng ënnerschriwwen huet, géint den Avis vun der Personalverriedung vun de Kompetenzzentren an de SePASen, feelt et nach ëmmer un enger gesetzlecher Basis, fir d'Dispositiounen aus deem ëmstrittenen Accord ëmzesetzen, déi jo awer schonn ab der Reentrée am September solle gëllen.

Den Accord, deen de Minister mat der CGFP ausgehandelt huet, ass en Accord mat enger Gewerkschaft, déi net stellverriedend ass fir d'Personal aus de Kompetenzzentren.

D'Personalverriedung aus de Kompetenzzentren, d'APCCA, ass déi eenzeg Verriedung am Beräich vu Kanner a Jugendleche mat spezifische Besoinen, déi en Accord ministériel huet. Datt genee dës Personalverriedung aus de Verhandlungen vum Accord iwwer hir Tächenopdeelung ausgeschloss gouf, obwuel si virdu nach un Aarbechtssetzungen mam Minister an deenen anereren Educateursgewerkschaften deelgeholl a souguer e Vorschlag ausgeschafft huet, ass an eisen Aen net vertriebar.

Den ausgehandelten Accord mat der CGFP ass eigentlech illegitim. En ass illegitim, well en der Realitéit um Terrain, der Realitéit vum Aarbechtsalltag vun engem Enseignant, dee mat Schüler mat spezifische Besoinen schafft, net entsprécht.

Här President, d'Léierpersoun, déi mat Schüler/inne mat spezifische Besoinen zesummeschafft, ass keen normalen Enseignant. Hiren Aarbechtssoflaf ass net dee selwechte wéi dee vun engem normalen Enseignant. Hir Missioun sinn och net déi selwecht. Hir Tächë kënnen also net d'selwecht quantifizéiert gi wéi déi vun engem normalen Enseignant.

Säit der Grënnung vun de Kompetenzzentren, an deenen d'Ediffen agegliddert goufen, hu sech d'Aarbechtskonditiounen vum edukativen a psychosoziale Personal geännert a verschlechtert.

Duerch dat neit Gesetz sinn nei Instanzen entstanen an domadder och nei administrativ Hürden. D'Zesummenaarbecht tëscht den Zentren klappt zu engem groussen Deel op Eegeninitiativ vum Personal an ass extreemst zäit- an nervenopwänneg.

D'Kompetenzzentren ënnerleien der Tiranglogik vum Bildungsminister. De Minister ass de Promoteur vun der Individualiséierung an der Fragmentéierung vun eisem Schoulssystem. Hie wëll fir all Schüler/in eng Schoul, fir all Kompetenz een Zenter, fir all Schoul ee Profill, fir all Problematik eng eegestänneg administrativ Instanz, fir all eenzelnen „Dys-“ bei engem Kand en Apparat un administrativem, pedagogeschem a psychosozialem Personal.

Natierlech ass et eng Plus-value, wann eng individualiséiert Betreue vun de Fäll ka gemaach ginn. Dat ass jo och am Esprit vum Gesetz gewiescht, op deem d'Schafung vun de Kompetenzzentren baséiert.

Leider versteet de Minister ënner individualiséierter Betreue an Inklusioun awer eppes anescht wéi dat, wat mir als déi Lénk dorënner verstinn. An och ech selwer als fréier Enseignante verstinn dat anescht wéi de Minister. D'Kanner gi gemellt, si gi beobacht an der jeeweileger Klass, si gi jee nodeem getest vum I-EBS, et gëtt e Léierplang opgestallt mat der ganzer Ekip an der Schoul. Dës gëtt ëmmer nees adaptéiert. D'Kand gëtt der CI gemellt. Dës mécht eng Observatioun. Firwat nach eng? Keng Anung, well de Rapport ass jo do vum I-EBS.

Et gëtt en Dossier opgemaach, eng Reunioun gehalten, dann d'Weiderleede vun den Dossieren un de Kompetenzzentren. Dës mécht eng Beobachtung, en Testing. D'Kand kennt an eng Observationsphas. Et gëtt e Rapport geschriwwen, deen an d'CI kennt. Da



gëtt eng Reunioun gemaach mat I-EBS a mam Léierpersonal, wou dann erauskënn, datt dat Kand net nëmmen ee Problem huet, mee der e puer huet an datt déi Problemer awer net all an deem Kompetenzcenter ugesidelt gi sinn, mee och an anerem, wouduerch dëse Kompetenzcenter net kann dem Kand hëllefen.

Da gëtt proposéiert, wat d'Ekip an der Schoul da maache kéint, fir deem Kand dann do endlech ze hëllefen. Mee dat sinn da scho Saachen, déi gemaach goufen, ier de Kompetenzcenter ageschalt gouf. An elo? Wat maache mer dann elo?

Dat Hin an Hier ass e Schlag an d'Gesicht vun den Enseignanten an dem Kand. An d'Durée vun deem Trauerspill ass minimum ee Joer.

Här President, Inklusioun heescht fir eis, Schüler/inne mat spezifesch Bedierfnessen an den Unterrecht, an hir Klass, an hirer Schoul ze integréieren. Individualiséiert Betreierung bedeit fir eis, datt all Kand a senger Klass senger Besoinen no encadréiert ka ginn. An dofir brauche mir dat néidegt pedagogesch a psychosozialt Personal mat deem néidegen Knowhow an der Klass selwer an net verspreet iwwer zeg Kompetenzcenteren.

Schliisslech wësse mir schonn am Virfeld, well d'Kanner komme schonn an de Precocé, wann e Kand mat spezifesch Besoinen an d'Schoul kënnt. Et kéint een also ganz gutt spezialiséiert Ekippen an der Schoul implementéieren, wuel wëssend, datt et sech a ville Klasse jo net just ëm ee Kand mat spezifesch Besoinen handelt. Et ginn där nämlech ëmmer méi.

Et ass nämlech onméiglech, d'Prise en charge vun de Besoins spécifiques mat enger Tirangsslogik unzegoen. Et kann net jiddwereen a sengem Kompetenzcenter a sengem Eck mat sengem Schüler un engem vu senger verschiddene Besoinen schaffen. Mir mussen Antenne vun deene verschiddene Kompetenzcenteren an de Schoulen hunn an net, wéi et elo de Fall ass, eng onendlech Uneneereung vu Strukturen, déi ëmmer just op eng eenzel Aktivitéit fokusséiert sinn an déi uechtert d'Land verdeelt sinn.

Den aktuelle System bedeit ënnert dem Stréch e grouse Verschleiß an Infrastrukturen, Material a Personal. Gläichzäitg schafen déi geografesch Distanzen an administrativ Hürden onnéidegen Zäitverloscht beim Personal.

Här President, d'Personal aus de Kompetenzcenteren ass iwwerschafft. Iwwerstonne gëtt et de facto net, well déi ginn einfach net verrecht. D'Realitéit vum Personal aus de Kompetenzcenteren ass déi heiten: Et gëtt 35,5 Stonne mam Kand geschafft, a klengen Ekippen. Et bleiwe manner wéi 30 Minutte Preparatioun fir e Cours. Bei 40 Stonnen Elterenaarbecht sinn dat manner wéi 2 Stonnen d'Joer mat den Elteren am Gespréich. An da bleiwen nach Concertatiounen mat Léierpersounen, Reuniounen an deene verschiddenen Ekippen, Cien an esou weider an esou fort. Dobäi komme laang Aarbechtsweeër, fir an d'Schoulen, Beobachtungen a Coachingen ze fueren, fir déi maachen ze goen.

Här President, d'Quantifizéierung vun den Tâche vum Personal aus de Kompetenzcenteren, esou wéi dës elo lafen, entsprécht einfach net méi der Realität um Terrain. Fir dësem Mëssel entgéintzekommen, huet d'Personalvertriebung vun de Kompetenzcenteren op Nofro vum Minister e Referentiell ausgeschafft, deen hir Missiounen a Funktiounen kloer opléicht. Opgrond vun deem Referentiell huet d'Personalvertriebung dunn eng realistesch Tâchendefinitioun mat enger Quantifizéierung vun den Aarbechtsstonnen ausgeschafft. Schnell ass gemierkt ginn, datt d'Rechnung do net opgeet. Bei all deene Missiounen, déi mussen

erfëllt ginn, ass et eng Saach vun der Onméiglechkeet, dat zäitlech opzedeele, soudatt et net de legale Aarbechtskader sprengt.

An hirem Referentiell huet d'Personaldelegatioun just d'Haaptmissiounen ofgedeckt. Fir d'Activité-connexen ass iwwerhaapt keng Zäit méi opzedreiwen, soudatt déi an der Praxis emol net méi kéinten assuréiert ginn! Et misst ee Koeffizient pro Kand a pro Aktivitéit mat aberechen ginn, deen d'Personalvertriebung an hirem Referentiell emol nach net agebonnen huet.

Dee Referentiell mat der Propos vun der Tâchequantifizéierung vun der Personaldelegatioun, deen d'Situatioun tel quel schonn emol e gutt Stéck géif verbessern, ass awer wum Minister ni ugeholl ginn. Do freet ee sech natierlech: „Wéi konnt d'Personal da bis elo dat dote schaffen, wa si déi Zäit, déi si am Referentiell ageplangt hunn, emol net haten an nach ëmmer net hunn?“ Ma si struewelen a si arrangéieren sech, op d'Käschte vun hirer Gesondheet, vun hirer Fräizäit, hiren Nerven, well d'Qualitéit vun hirer Aarbecht hinne wichteg ass a si hir Aarbecht als en Engagement vis-à-vis vun hire Schüler/inne mat spezifesch Bedürfnissen ugesinn.

Esou vill Volontarismus misst eigentlech vun engem Minister respektéiert a belount ginn. Leider gëtt hei awer just dovunner profitéiert an et kritt een net mat, datt de Buttek just rullt, well d'Personal derfir suergt, datt et rullt. D'Personal huet d'Problematik vun der Tâchendefinitioun an der Komplexitéit vun der Aarbechtsorganisatioun an -opdeeling am System vun de Kompetenzcenteren duerchbléckt. D'Personal huet sech, esou gutt et geet, mat den administrativen Hürden an de geografesch Barriären auserneegeesat.

Eng Zesummenaarbecht tëschent de Servicer ass nëmme méiglech, well d'Personal sech iwwer e reng formale Kader ewechbeweegt. D'Personal treëft sech a suergt derfir, dass d'Weeër méi kuerz ginn. Gläichzäitg ënnerhält d'Personal awer och e System, deen net fonctionéiert an op Dauer net méi ze droen ass! Dat ass eng erpresserlech Zwéckmillen, an déi de Minister eigentlech säi Personal aus de Kompetenzcenteren setzt.

Här President, dat ass eng onméiglech Situatioun, wou mam professionnelle Gewësse vum Personal gespillt gëtt an säin Altruismus einfach ausgenutzt gëtt!

Wat de Minister misst maachen – op schnellstem Wee! –, dat wier, en Aarbechtsgrupp vun de Leit um Terrain anzeberuffen, fir déi Stolpersteng an dësem System kënnen ze fannen an déi néideg Upassungen ze maachen. Dofir iwwerreechen ech Iech hei eng Motioun, Här President. Voilà.

### Motion 1

La Chambre des Députés,

– considérant que les dispositions de l'accord sur les tâches du personnel éducatif et psychosocial (EPS) conclu le 16 novembre 2021 entre les associations affiliées à la CGFP et le Ministre de l'Éducation nationale et de la Jeunesse, mais en l'absence des délégués.e.s de personnel de l'APCCA, affiliée à l'OGB-L SEW, n'ont pour l'instant pas de base de légale permettant de les appliquer en bonne et due forme ;

– considérant donc l'absence d'une réglementation légale des tâches du personnel éducatif et psychosocial travaillant au contact d'élèves à besoins spécifiques ;

– considérant le référentiel des fonctions et des missions du personnel EPS, élaboré par la représentation du personnel éducatif et psychosocial des centres de compétences et de l'Agence en collaboration avec le Ministère de l'Éducation nationale et de la Jeunesse ;

– considérant que l'accord signé entre le Ministre de l'Éducation nationale et de la Jeunesse et la CGFP ne se

base pas sur le référentiel des fonctions et des missions du personnel EPS ;

– considérant que ce référentiel constitue une base importante pour un calcul réaliste des tâches du personnel EPS ;

– considérant que l'APCCA dispose d'un agrément ministériel pour représenter le personnel EPS ;

– considérant le litige collectif qui oppose actuellement l'APCCA et le Ministre de l'Éducation nationale et de la Jeunesse,

invite le Gouvernement

– à reprendre les discussions avec l'APCCA dans les meilleurs délais afin de tenir compte de leurs propositions ;

– à instaurer un groupe de travail regroupant les représentations du personnel EPS afin de travailler à l'identification des failles ainsi qu'à l'élaboration de solutions pour améliorer le système de l'éducation différenciée et des centres de compétences.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Dat wier och eng Geleeënheet, Geschicht ze schreiwen am Beräich vun der Inklusioun. Wann de Minister et also eescht mengt mat der Inklusioun, wann him wierklech eppes dru läit, d'Qualitéit vum Enseignement ze verbessern an de Schüler/inne mat spezifesch Bedürfnissen kënnen déi beschtméiglech Voraussetzungen ze bidden, fir hir Plaz an hirer Klass, an hirer Schoul ze fannen, da mussen d'Diskussiounen mat de Vertrieder vum Personal um Terrain opgeholl ginn an hire Propositione Rechnung gedroe ginn. Mir fuerdere genee dat.

An eng weider Motioun gi mer eran, Här President, voilà.

### Motion 2

La Chambre des Députés,

– considérant que la prise en charge des enfants et élèves à besoins spécifiques nécessite un important travail de coopération entre le personnel enseignant des écoles, le personnel éducatif psychosocial de l'éducation différenciée et les différents départements des centres de compétences ainsi que le personnel des commissions d'inclusion, des SePAS et de l'agence de transition à la vie active ;

– considérant que les départements et services internes des compétences sont en partie géographiquement séparés ;

– considérant que les centres de compétences sont géographiquement éloignés des écoles où sont effectivement scolarisés les enfants à besoins spécifiques ;

– considérant que la conception des centres de compétences comme entités administratives indépendantes et spatialement séparées, telle que définie par la loi du 20 juillet 2018, n'est pas favorable à la création de synergies entre les services compétents de l'éducation différenciée et de la psychopédagogie ;

– considérant que l'inclusion des enfants et élèves à besoins spécifiques à l'école publique et dans la société figure parmi les missions principales attribuées aux centres de compétences ;

– considérant que le recours à la scolarisation des enfants et élèves à besoins spécifiques dans les classes spécialisées des centres de compétences est contraire à l'idée d'inclusion à l'école,

invite le Gouvernement

– à détacher des équipes fixes de personnel pédagogique multi-professionnel des centres de compétences et de l'éducation différenciée dans les salles de classes des écoles fondamentales.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci.**

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Dat ass d'Motioun, datt an de Schoule selwer déi kompetent Ekippe sech sollen zesummefannen, fir direkt op der Plaz kënnen ze handeln a fir datt d'Kanner net hin- an hierschëckt ginn, fir datt d'Kanner net nach musse Schnupperkurse maachen an hin- an hierginn an deene verschiddene Kompetenzzentren a keen esou richteg de Lead hëlt a se dann erëm zréck bei d'Enseignantë kommen, déi awer scho ganz vill gemaach hunn. Well eeben den Enseignant sech un de Kompetenzzenter wennt oder un d'CI wennt, ass scho ganz, ganz vill geschitt. An da sinn d'Moyenen all erschëpft.

Well virdu wenden d'Enseignantë sech net u si. Si probéiere fir d'éischt, selwer eens ze ginn, a si ginn och zum Deel gutt eens. Mee wa se wierklech net méi eens ginn, da misste se eng Hëllef kréien. An déi Leit aus de Kompetenzzentren hëllef ganz gären. Mee esou, wéi de System opgebaut ass, dat ass eeben einfach dee Punkt, wou et net méi geet, well et einfach erëm eng Kéier eng Opspléckung ass, amplat d'Kand als e Ganzt ze gesinn an och ganzheetlech mat em ze schaffen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti.**

Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

### **Débat**

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Villmools merci, Här President. An och merci der Madamm Cecchetti fir d'Ufro vun dëser Aktualitéitsstonn, fir de Kanner an de Jugendleche mat spezifesch Besoinen ze hëllefen. Ech mengen, dat ass eist Uleies alleguer. Déi solle séier gehollef kréien. An dofir brauche mer eng séier a gutt Diagnostik. Mir brauche virun allem gutt Personal a mir brauchen och genuch Personal, dat do an deem Beräich schafft, an dann eeben och an de Kompetenzzentren. Dat ass jo och de Sujet vun der Aktualitéitsstonn.

Wat mir, mengen ech, alleguer heibanne matkritt hunn, well d'Leit si bei all d'Fraktiounen gaang, dat ass, datt eng ganz grouss Onzeffriddenheet beim Personal herrscht an de Kompetenzzentren. Dat Ganzt huet wierklech schonn e laange Baart. Si haten op d'Gesetz vun 2018 gehofft. Mee och am Gesetz vun 2018 ass hir Tâche net definéiert ginn. Si krute vläicht nach zousätzlech Aufgaben, mee si krute keng Kloeerheet iwwer hir Tâche.

Bon, den Här Minister huet dunn 2020 eng Nott erausbruecht. Déi war awer net ganz hëllefärch, well déi huet eng ganz ferm Reaktioun vun alle Gewerkschaften zesummen deemools provoziert. Ben, mëttlerweil ... An dee gréisste Virwurf, deen dunn ëmmer komm ass, dat war wierklech: Et ass keng Concertatioun gemaach gi mat de Leit am Virfeld. An ech hunn dat scho méi dacks gesot: Dat Wuert „zesummen“, ech mengen, dat ass dem Här Minister säi Liblingswuert net.

*(Interruption)*

De Minister, hunn ech wierklech heiansdo d'Gefill, probéiert de Bou esou ze spanen, wierklech esou ze spanen, bis datt e bal futti fiert. An ier e futti fiert, dann denkt en: „Elo muss de awer vläicht reagéieren?“ An en huet dunn och am November en Accord fonnt mat de concernéierten Associatiounen a Syndicaten, déi u sech de Staatsbeamten, der CGFP gehéieren. Ben, en ass awer ... Oder den OGB-L, mat sengen Associatiounen.

En huet e Litige – e schwätzt vu „Litige“ – an huet eng Procédure de conciliation ugefrot. Also, ech mësche mech do net an. Et ass just dat Neist, wat ech dann eeben elo gëschter, mengen ech, héieren hunn, datt den Här Minister och seet: „Do ass kee Litige.“ Mee, wéi gesot, ech mësche mech net do an. Et ass och net eis Missioun, fir sech do anzemëschen.

Mee dat, wat awer eis Missioun ass, dat ass dat, wat mer vun de Kompetenzzentren nach ëmmer héieren. Si soen nach ëmmer: „Et gëtt net op eis gelauschart.“ Si soen: „Mat deenen Aarbechtskonditiounen, wéi mer se hunn, kréie mer kee Personal an et leeft souguer nach Personal fort.“ An dat ass natierlech contraire, wa mer eist Zil gäre wëllen erreechen: datt mer deene Kanner mat spezifesch Besoinen gäre wëlle gutt a séier hëllefen.

Duerfir hunn ech eng Partie Froen un den Här Minister.

Déi éischt Fro ass: D'Verriedung vun den Educateuren aus de Kompetenzzentren, d'APCCA, déi sinn eeben, wéi gesot, elo mam Accord net averstanen an déi waren och zum Schluss beim Accord net derbäi. Ech wollt u sech gäre wëssen, ob den Här Minister hir Positioun awer kloer kennt an ob en eis kéint soen, wat dann do konkret den Ënnerschied ass tëschent hirer Positioun an dem Accord a firwat datt si zum Schluss net derbäi waren.

Déi zweet Fro ass: Stëmmt et, datt d'Kompetenzzentren wierklech Problemer hunn, fir Personal ze fannen? A wat probéiert Der ze maachen, fir deem entgéintzewirken?

Déi drëtt Fro: Am Accord bleiwen elo nach eng Rei konkret Punkten ze klären, zum Beispill de Referenzkader. D'Missioun solle konkret definéiert ginn. An do ass eeben eis Fro: Ginn elo bei deene Punkten, déi nach ze kläre sinn an déi och ze kläre sinn a puncto Kompetenzzentrum, déi verantwortlech Leit vun dem Kompetenzzentrum och mat consultéiert?

De véierte Punkt ass: Wéi déi Leit bei eis waren, an, ech mengen, si ware wierklech an alle Fraktiounen, dunn ass gesot ginn: „Mir müssen am Prinzip ... Mir maachen dee ganzen Dag d'Betreiung vun de Kanner“ – an et sinn net déi, déi wierklech als Enseignant agestellt sinn –, „mir müssen awer och moies mat de Bus-Accueil maachen a mir müssen duerno u sech de Bus-Départ mat organiséieren a mir musse mëttes dann och nach beim Mëttegiessen derbäi sinn.“ Dat heescht, u sech schaffe se ouni Paus. A si hunn och dofir gesot: „Et sinn der eng Rei, déi si bei eis kuerz virum Burnout.“ Do muss ee sech scho staark froen: Ass dat Ouni-Paus-Schaffen, soen ech emol, laut Droit du travail esou ok?

An déi aner Fro: Am Accord steet, esou wéi ech dat gelies hunn, dat missten dës Leit elo nach weiderhi maachen an da géifen duerno, wann d'DAP-Educateur-Ausbildung u sech fäerdeg wier, där Leit agestellt ginn. Elo ass awer meng Fro: Kéint dann net do kuerzfristeg eng aner Léisung fonnt ginn, fir dës Leit eeben an de Kompetenzzentren do ze entlaaschten?

Déi véiert Fro ass: Am Accord steet, datt een Tariff géif fir Iwwerstonne festgehalen ginn, an et géif een Dispositif en place gesat ginn, fir u sech de Compte épargne-temps ze alimentéieren. Dat sinn elo Froen, déi u sech onbeäntwert bliwwen sinn. Ech wollt wëssen, ob do scho mëttlerweil Ëmsetzungsdetailer bekannt sinn.

Dann déi fënnef Fro: Laut Accord gëtt et e Comité d'accompagnement, deen de Suivi mécht. Dee misst sech mindestens eemol pro Trimester treffen. Den Accord war am November. Dat heescht, ech ginn dovunner aus ... Mer si jo elo scho Juni, een Trimester ass op d'mannst ëm. War déi Kommissioun schonn

zesummen oder dee Komitee schonn zesummen? A wat sinn d'Konklusiounen doraus?

Dann dee leschte Punkt, Här President. An der Schoul, soen ech ëmmer: „Et kënn op den Enseignant un.“ An de Kompetenzzentren kënn et och allgemeng op d'Personal un. Et ass einfach wichteg, datt d'Personal zefridden ass an datt d'Motivatioun vum Personal och do ass.

Jiddweree vun eis weess: Wann een net motivéiert ass, egal a wéi engem Beruff, ob an der Schoul oder am Beruff oder als Politiker, da mécht ee seng Aarbecht net gutt. Also ass d'Motivatioun vum Personal wichteg. An dat misst u sech dem Här Minister och wichteg sinn.

Dofir nach vläicht zwou kleng Froen:

Gëtt d'Personalzefriddenheet bei der Evaluatioun vun de Kompetenzzentren och mat gekuckt? Wann dat nach net geplangt wär, dann, géif ech mengen, wär et an dëser Situatioun virun allem extreem wichteg, datt dat och géif gekuckt ginn.

An ass den Här Minister bereet, sech mat de Vertrieeder vun den Educateuren aus dem Kompetenzzentrum nach eng Kéier zesummenzesetzen, och wann elo, ech mengen, den Här Minister seet: „D'APCCA ass elo keen offizielle Vertrieeder méi“, mee sech awer mat hinnen zesummesetzen, well ganz dacks, an net nëmmen an dësem Fall, ass en oppent Ouer hëllefärch?

Ech soen Iech Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Hansen.** An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci och der Kolleeigin Myriam Cecchetti fir déi Heure d'actualité, déi se ugefrot huet. Et geet haut ëm d'Tâche vum Personnel éducatif et psychosocial an de Kompetenzzentren an och ëm déi Leit, déi am Kontakt si mat Kanner à besoins spécifiques.

Ech wëll vläicht virausschëcken, dass mer mam Gesetz vum 26. Juni 2018 véier nei Kompetenzzentren geschafen hunn. Virdrun hate mer der fënnef. Dat war de Centre de logopédie – ech mengen, dee kennt Der –, de Centre pour le développement des compétences relatives à la vue, de Centre pour le développement moteur, de Centre pour le développement intellectuel moteur an de Centre pour enfants et jeunes présentant un trouble du spectre de l'autisme. Dat waren déi fënnef Kompetenzzentren, déi mer haten.

An 2018 sinn der, wéi gesot, véier derbäikomm: De Centre pour le développement des apprentissages Grande-Duchesse Maria Teresa pour les enfants souffrant d'une dyslexie, dyscalculie, dysphasie, da gëtt et deen neie Centre pour enfants à haut potentiel, et gëtt de Centre du développement socio-émotionnel an et gëtt d'Agence pour la transition vers une vie autonome.

Voilà, et ass hei virdu vun der Madamm Cecchetti ugeschwat ginn, dass et effektiv bei den Aarbechtskonditiounen Klärungsbedarf gëtt an dass et effektiv, besonnesch an der Pandemie an no der Pandemie, zu enger Surcharge vun Aarbecht an deem doten Aarbechtsberäich komm ass. Et gëtt och e Litige tëschent der APCCA, der Association du personnel éducatif et psycho-social des centres de compétences et de l'agence, et gëtt effektiv e Litige tëschent deene Leit an dem MENJE.



Sou, elo ass et esou, dass ech mer soe gelooss hunn, dass awer Verhandlungë stattfonnt hunn tëschent de Representantë vum Personal an och dem MENJE. An zwar hunn déi Versammlungen ugefaangen am Oktober 2020. A méi wéi 20 Aarbechtsstëtzungen ass et do och zu engem Accord komm. Leider gëtt et Divergenzen tëschent de Gewerkschaften, dat heescht, tëschent der CGFP, déi dee Compromis an déi den Accord hei mat ausgehandelt huet an déi den Accord och hei matgedroen huet, an dem SEW OGB-L, deen en net matgedroen huet.

Um Datum vum 16. November 2021 gouf et, wéi gesot, en Accord am Interêt vun deene Kanner, déi an deenen Zentere sinn, an och am Interêt vum Personal. Do ass dran: d'Préparatiounszäit gereegelt, d'Formation continue ass gereegelt; et gëtt och nei Aufgabe fir Schüler mat spezifesch Besoinen. Den Här Minister wäert herno op deen Accord, mengen ech, méi am Detail agoen, wéi ech dat maachen.

En Accord, e Compromis, dee geschloss gëtt mat enger Gewerkschaft, dee kann, mengen ech, net schlecht sinn. An ech mengen, dass mer vläicht haut de Mëtten éischter hei stinn, well eng aner Gewerkschaft sech an deem Accord do net erëmfënnt an do effektiv da vläicht de Besoin huet, fir sech nach eng Kéier mam Här Minister un den Dësch ze setzen.

Wéi gesot, et gëtt en Accord vum 16. November 2021 am Interêt vun deene Leit, déi do schaffen, a vun de Kanner. Ech mengen, den Här Minister geet herno warscheinlech am Detail op deen Accord an.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Baum. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** | Här President, Kolleginnen a Kollegeen, ech soen als Alleréischts och e Merci un déi Lénk fir dës Aktualitéitsstonn mat engem Sujet, dee mer och um Häerz läit.

„Net all Kanner kënnen zu där selwechter Zäit dat selwecht op déi selwecht Manéier léieren.“ Dat ass en Zitat vum Kathy Walker, enger australischer Schrëftstellerin an enger unerkannter Expertin fir Pädagogie.

D'LSAP setzt sech konsequent fir eng inklusiv Gesellschaft an. All Kand huet d'Recht an eiser Gesellschaft, a senger Schoul an och an der nonformaler Bildung seng Plaz ze fannen. A fir dass all Kanner sech no hirem eegene Rhythmus an hiren individuelle Bedürfnisser entwéckele kënnen, brauche mer eng inklusiv Betreierung, déi d'Kanner esou ënnerstëtzt a fërdert, wéi si et brauchen. An dat ass fir eis als LSAP evident. A fir dass eng inklusiv Betreierung ka stattfannen, brauche mer och natierlech qualifizéiert Personal an eiselem Enseignement, fir dem Bildungsoftrag vun dese Schüler och gerecht ze ginn.

De Ministère geet op dee Wee säit 2018 mat der Schafung vun enger neier Karriär: dem Professeur en pédagogie spécialisée. Nieft Schoulmeeschtere ginn elo Proffen agestallt mat spezifischer Ausbildung, déi an der Karriär vum Enseignement affektiéiert sinn. Dat begrësse mir natierlech. De Gros vun de Mataarbechter, déi awer mat de Schüler mat spezifesch Besoinen schaffen, sinn an der Karriär vum sozioedukative Beräich an der Schoul, an der Carrière administrative, affektiéiert. Si brauchen anstänneg Konditiounen, fir hir Aarbecht kënnen ze maachen. Dozou zielt e rechtliche Kader, e konkrete Statut an eng kloer gereegelt Tächendopdeeling.

Säit dem 16. November läit dann elo en Accord mat enger Tächendefinitioun vir. An deem steet, dass een,

dee Vollzäit schafft, pro Woch 30,5 Stonne beim Schüler an der Klass verbréngt a pro Woch 16 Stonne Préparatioun huet. Op d'Joer verdeelt sinn dat insgesamt 134 Stonnen, déi virgesi si fir Concertatioun, Elterenaarbecht, administrativ Tächen an och Formation continue. Dat mécht en Total vun 48 Aarbechtsstonne pro Woch, fir esou awer kënnen d'Vakanzen ze kompenséieren.

Et ass u sech schwéier ëmsetzbar, dass Leit während 36 Woche wierklech 48 Stonne pro Woch schaffen, besonnesch och elo, wou d'LSAP eng besser Work-Life-Balance viséiert. Als LSAP fanne mer, dass een einfach misst driwwer nodenken, d'sozioedukatiiv Personal, dat mat de Kanner a Jonke mat spezifesch Besoinen am Schoulsystem schafft, un d'Karriäre vum Enseignement unzeglidderen, well hir Missioun gi wäit iwwert de sozioedukative Beräich eraus, well si och fir d'Bildung vun alle Kanner responsabel sinn.

Hire Berufsalldag ass un de Rhythmus vun der Schoul an un d'Schoulvakanze gebonnen. Si schaffen mat Kanner a Jugendlechen an hir Aarbechtszäit beschränkt sech eeben net just op déi Zäit, déi se mat de Kanner verbréngen. Fir hir Aarbecht anstänneg kënnen ze maachen, musse Concertatiounen, Préparatiounen an och Nobereedungen zu hirer Aarbechtszäit gehéieren. Si kréien u sech déi selwecht Aufgaben, déi e Schoulmeeschter am Fundamental oder e Proff am Lycée ze erfëllen huet. Si kréien awer u sech aner Aarbechtskonditiounen operluecht wéi de Schoulmeeschter an d'Proffen.

Et ass scho gesot ginn: De 16. November läit dann elo en Accord ënnerschriwwen vir tëschent dem Educatiounsministère an de CGFP-affiliéierte Gewerkschaften. D'APCCA – dat ass och scho gesot ginn – war u sech do net mat averstanen. Si huet, mengen ech, och all Partei ugeschriwwen. Mir waren och vun deemem Sujet interpelléiert, well a mir hunn, wéi déi meescht heibanen, d'APCCA och gesinn a mat hinnen diskutéiert.

Mat mengem Kollege, dem Mars Di Bartolomeo, zesummen hunn ech den 22. Abrëll och eng Question parlementaire doriwwer gestallt. An d'lescht Woch huet den Educatiounsminister och drop geäntwert. Ech muss awer soen, dass ech net ganz zefridde si mat den Äntwerten.

Dofir wéilt ech einfach hei elo profitéieren, fir vläicht nach eemol bei eppes nozehaken. An zwar ass et esou: Am Accord steet, wéi eng Dispositiounen vum Accord gesetzlech mussen ëmgesat ginn an iwwer wéi e Wee oder aner Weeër implementéiert ginn.

D'Zäit leeft jo u sech elo. Am Accord steet nämlech, dass an der éischter Hallschent vun 2022 e Projet de loi soll deposéiert ginn, fir d'Fonctionne vum Chef de service EPS festzeleeën. En plus soll déi hei Reegel jo och ab der neier Rentrée 2022–2023 applizéiert ginn. Menges Wëssens no ass elo nach kee Gesetzesprojet deposéiert ginn. Vlächtt kann eis de Minister Meisch jo soen, ob dat nach geschitt oder wou de Gesetzesprojet vum Chef de service EPS drun ass.

*(Interruption)*

Zum Contenu vum Accord kann ech och do nëmmen ënnersträichen, wéi wichteg Concertatiounen an Elterenaarbecht fir dës Schüler sinn, zemoools wann eeben ënnerschiddlech Experten am Sënn vum Jonken hei zesummeschaffen.

Fënnt de Minister och, dass d'Vir- an Nobereedungszeit an d'Unzuel vun de Leçone misst ausgeglaach sinn? Et ass jo fir d'Qualitéit vun der Education net noutwendeg, d'Unzuel vun de Leçonon erofzesetzen, froen ech, fir méi Zäit fir e qualitativ héichwäertegen Encadrement ze assuréieren?

A meng lescht Fro ass nach einfach déi zentral Fuerderung vun der APPCA, fir e Koeffizient anzeféieren, wéi si eis gesot hunn. Do froen ech einfach, wéi de Minister dozou steet.

Här President, déi professionell Mataarbechter a Mataarbechterinnen, déi mat Kanner mat spezifesch Besoinen schaffen, sinn Experten an hiren Domänen. Et sinn d'Hauptacturen an enger inklusiver Betreierung an ouni si geet et net. An dofir si mir och der Meinung, dass mer all Intervenante mat an d'Boot mussen huelen, fir weider konstruktiv ze schaffen. Mir hoffen einfach, dass mer vlächtt an deem Dossier awer nach eventuell eppes beweegt kréien, an dat virun allem zum Wuel vum Personal an domat natierlech och zum Wuel vun de Kanner, déi et betreit.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Asselborn-Bintz. An da wier et un där honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng)** | Merci fir d'drëtt, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, zanter der Kreatioun vun de Kompetenzzentren am Joer 2018 ass et jo drëms gaangen, den edukative Besoinen vun alle Kanner besser gerecht ze gi wéi zu de sougenannten Ediff-Zäiten. Et geet drëms, all Kand opgrond vu sengem individuelle Profil, senger Stärken a Schwächen, Talenter an Defiziter ze fërderen.

Gläichzäiteg, an dat ass wichteg, mussen d'Prinzipie vun der Inklusioun a vun de Kannerrechter respektéiert ginn an domat och d'Recht vun all Kand, eng Plaz an der Reegelschoul ze halen, wa se da kuerzzäiteg missten aus der Schoul erausgeholl ginn. Si brauchen dat Recht, an dat ass an der Kannerrechtcharta och esou verankert.

Datt d'Prise en charge an engem Kompetenzzentrum sech also op e méiglechst kuerzen Zäitraum muss limitéieren, läit deemno op der Hand, virun allem dann, wann et sech ëm en Encadrement handelt, deen ausserhalb vun de Schoulen ofleeft. Ëmsou méi wichteg ass et dowéinst och, dass Persounen, déi an den Zentere schaffen, eng Panoplie vu spezialiséierten Tächen an enger dach limitéierter Zäit erfëllen, wann een de Parcours vum Kand kuckt.

Dozou gehéiert, dass se e Plan éducatif individualisé ausschaffen an de Suivi dovunner garantéieren. Si informéieren a beroden d'Elteren. Si schaffen enk mat de Schoulen a mat der Commission nationale d'inclusion zesummen. Si verfolge den wëssenschaftlech Entwécklung an de jeeweilege Beräicher a laut dem Gesetz vun 2018 solle se och d'Regierung beroden. A schlussendlech soll d'Personal vun de Kompetenzzentren och d'Mise en réseau vun deenen ënnerschiddlechen Offeren an Intervenanten am Beräich vun der Psychopédagogie promovéieren.

Här President, ech hunn dës Tächen opgezielt, eebe grad, fir ze weisen, wéi komplex a villfältig déi konkret Aarbecht an engem Kompetenzzentrum ass. A fir dass dës Aarbecht den Uspréich effektiv gerecht gëtt, ginn déi ënnerschiddlechste Berufsprofiler gebraucht, woubäi de Personalbestand natierlech net ze knapp bemooss därerf ginn.

Ëm wéi eng Profiler et sech genee handelt a wéi et mam Statut vum Personal a mat den Aarbechtszäiten an de Kompetenzzentren ausgesäit, stoung bei hirer Kreatioun net fest. D'Prioritéit louch deemools éischter um institutionelle Volet, wou et drëms gaangen ass, d'Zentren iwwerhaupt emol un d'Fonctionéieren ze kréien an de Fonctionnement sécherzestellen.

D'Definitioun vum Statut an d'Schafung vun engem gesetzlechen, kloeren an transparente Kader, deen déi verschidden Tâchen definéiere soll, gouf vun hirer Sait awer och schonn an Aussicht gestallt.

Allerdéngs gesäit et, an dat héiert een hei aus de Rieden och eraus, momentan esou aus, wéi wann, opgrond vu feelende Gesetzer, nach net op alle Pläng 100 % Kloeerheet géif bestoen, wou een awer och muss wëssen, dass jo schonn en Accord mat enger vun zwou Representatiounen ofgeschloss ass. Dat ass déi vum SNE, während d'Representatioun vum SEW, déi da méi um OGB-L attachéiert ass, sech awer éischter onzefridde weist.

An deem Sënn soe mer dann der Madamm Cecchetti Merci, dass se dës Heure d'actualité ugefrot huet, well se eebe grad erlaabt, dass de Minister hei Stellung ka bezéien an eis iwwert de Stand der Dinge informéiere kann, notament och, wat d'Gesetz ugeet, wat nach muss deposéiert ginn.

All dës Froe mussen natierlech am Respekt zum Aarbechtsrecht, mee och am Respekt vun de Missiounen vun den Zentere gekläert ginn a si wichteg, fir dass d'Zentere hir Ziler effektiv erreechen.

E Problem a gläichzäiteg och en Defi, Här Minister, ass dobäi d'Penurie u qualifiziertem Personal, déi ech virdru schonn ernimmt hunn an déi sech eigentlech schonn op villen Eebenen am Educationssektor bemierkbar mécht a riskéiert, en negativen Impakt op d'Qualitéit ze kréien, wa se net behuewe gëtt.

Während d'Penurie sech am Ufank éischter am Beräich vun den Enseignanten an der Grondschoul bemierkbar gemaach huet, betrëfft se méttlerweil och déi vun de Sozialpedagogen an Educateuren. Dat mierkt een, wann ee Posten ausschreift. Fréier hu sech eng 30 Leit op zwee, dräi Poste gemellt. Haut sinn et der knapp nach zwee. Et ass wierklech e Beräich, dee sech immens entwéckelt huet, dee gewuess ass. An duerfir ass et och wichteg, dass de Personalbestand deem nokënnt, woubäi ech natierlech frou sinn, dass sech do eppes beweegt.

Datt an de Kompetenzzentren virun allem dann och d'Enseignanten an d'Sozialpedagoge schaffen, fir all déi komplex Tâchen, déi ech virdru opgezielt hunn, ze erfëllen, stellt kee Mënsch a Fro. D'Gefor, déi oft an deem Kontext ernimmt gëtt an déi sech do dohannert verstoppt, ass awer dann déi, dass dës Profiller am Normalbetrib vun de Schoulekippe feelen, wuel wësend, dass och do ebe grad vill kompetent Personal mat änleche Profiller gebraucht gëtt, an dat besonnesch, wann et sech ëm den Encadrement vu Kanner mat spezifesch Besoinen handelt.

Wat dann den Encadrement vun deene Kanner ugeet, sou ass et jo fir d'éischt emol un den Ekippe vun de Grondschoulen, eng optimal Fërderung vun all Kand op d'Been ze stellen. Eréischt wann dës Efforten net gräife respektiv wann d'Personal an de Reegeklassen iwwerfuert ass, kommen d'Kompetenzzentren an d'Spill.

Et ass also kloer, dass och d'Grondschoulen an hir verschidde psychosozial Ekippen als éischt Ulaufsstell mat héije Kompetenzen ausgestatt mussen sinn. D'Zil muss et jo nach ëmmer bleiwen, d'Orientéierung vun engem Kand mat speziellem Fërderbedarf an e Kompetenzzentrum vun Ufank un ze verhënnere an d'Problemer un der Wuerzel ze behiewen, wann et an d'Schoul kënn.

Dat ass fir eis en elementaart Element vun der Inklusioun an dowéinst si mer och der Meinung, dass d'Diskussioun ronderëm d'Personal an de Kompetenzzentren, déi mer jo haut féieren, net lassgëléist därer gi vun där iwwert d'Personal an de

Grondschoulen. Op deem Plang muss wierklech gezilt no definitive Léisunge gesicht ginn, fir d'Penurie laangfristeg ze bekämpfen, an et muss Léisunge sinn, déi gräifen.

Duerfir wëllt ech Iech elo ausdrécklech Merci soen, Här Minister, dass Der mir virdru d'Informatioun zoukomme gelooss hutt, dass mat der Uni Lëtzebuerg en Accord ofgeschloss konnt ginn. D'Uni Lëtzebuerg wäert da méi Mëttele kréien an et ass just dat, wat mech haut ganz besonnesch fret. Dat ass ganz am Sënn vun der Schoul a vun den Enseignantë generell.

Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Lorsché.** An da wier et um honorabelen Här Fred Keup.

**M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President.** Da villmools merci och der Madamm Cecchetti fir dës Heure d'actualité, wou et ëm d'Ediff geet – déi fréier Ediff, haut Kompetenzzentren, Centres de compétences. An ech mengen, do si mir eis och jo alleguerte eens, dass dat eppes ganz Wichteges ass, fir de spezifesch Bedürfnis vun de Kanner entgéintzekommen a fir hinnen dann ze hëllefen, ob dat elo Logopedie ass oder ob et Kanner sinn, déi net gutt gesinn oder déi Léierschwieregkeeten, motoresch Problemer, Autismus an eng ganz Partie aner Bedürfnis hunn, déi eebe speziell sinn. Et ass eng ganz wichteg Saach, fir eebe grad och e bëssen eppes mam Wuesstum ze dinn, also net direkt hei mat dësem genee Problem.

Duerfir brauch een ënner anerem natierlech gutt Personal, genuch Personal, verschidde qualifizéiert Profiller. Dat ass natierlech aktuell souwiesu schonn eng Schwierigkeet hei am Land. Mir siche Leit an alle méigleche Beräicher. Mir hunn och virdru iwwert d'Schoul geschwat. Och do siche mer Leit. Dat huet natierlech och e bëssen eppes mam Wuesstum ze dinn, also net direkt hei mat dësem genee Problem.

Bon, de Punkt ass awer, dass d'Personal, wat elo do ass, an de Kompetenzzentren ass, wann een dat esou ka soen, deelweis um Enn ass, ganz vill Aarbecht huet, Iwwerstonne muss maachen. Onkloeerheete ginn et, wat d'Tâche ugeet, d'Aarbechtszäiten, sinn extreem laang an deelweis huet et es genuch, deelweis gëtt et der, déi halen op, dass ass natierlech grad an esou engem Beräich wéi deem heiten eppes, wat een net einfach esou kann hinhuelen.

Et ass elo esou wäit gaangen, dass et eng Procédure de litige gëtt. Ech weess net genee, wou dee Litige zwëschent dem Ministère an der Gewerkschaft drun ass. Ech mengen awer, wann et esou wäit kënn, dass een dann och einfach muss unerkennen, dass e Problem do ass an dass ee muss kucken, fir deen Acteur um Terrain, dat nun emol dës Gewerkschaft ass, déi fir déi schwätzt, dass een deenen och muss entgéintkommen, dass een deene muss nolauscheren an dass een dann och vläicht e bëssen eppes maache muss, fir deene Leit hir Aarbecht awer e bësse méi agreabel ze maachen, well d'Situatioun ass elo schlecht. A wa se schlecht bleift, da wäert am Endeffekt dee ganze System drënner leiden an dann och d'Kanner.

Duerfir maachen ech wierklech hei e waarmen Appell un all d'Acteuren, zesummen ze schwätzen, och un de Minister, fir nach eng Kéier mat de Leit ze schwätzen, fir ze kucken, fir iergendwéi entgéintzekommen a fir d'Situatioun vun de Leit um Terrain och wierklech fir d'Kanner ze verbesseren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Keup.** A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President.** Léif Kolleeginnen a Kolleegen: Persounen, déi schafen, obwuel hir Tâchen net kloer reglementéiert sinn, esou dass se net anstänneg geschützt sinn an och d'Nohaltegkeet an d'Qualitéit vun der Aarbecht net garantéiert ass. Persounen, fir déi vill onfräiwëlleg Iwwerstonnen d'Reegel an net d'Ausnam sinn. Persounen, déi d'Gefill hunn, scho laang ausgebrannt ze sinn an net méi ze kënnen, an trotzdem iergendwéi esou gutt et geet weidermaachen, well se wëssen, wéi wichteg hir Aufgab ass, och wann d'Wäertschätzung vum Patron vläicht feelt. Persounen, deenen hiert Streikrecht net respektéiert gëtt.

Wat sech hei vläicht unhéiert wéi de Fall vun engem skrupellosen internationale Milliardekonzern, ass a Wierklechkeet déi traureg Realitéit vun enger ganzer Rei Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus eise Schoulen hei zu Lëtzebuerg, an zwar vum edukativen a psychosozialen Personal aus de Centres de compétence, déi vum Bildungsministère an der Vergaangenheet ëmmer nees vergiess, voire ignoréiert goufen.

Si mussen méi Stonne schaffen wéi d'Léierpersonal, hu manner Pausen an en anere Stonneloun. Trotzdeem schaffen se zanter Joren ënnert dëse Konditiounen an alles, wat se wëllen, ass vum Ministère nogelauschert ze kréien an net just viru vollendet Tatsaache gestallt ze ginn. Dat schéngt bis elo awer ze vill verlaangt ze sinn.

Duerfir soen ech de Kolleeg vum déi Lénk villmools Merci, dass se d'Demande gemaach hunn, dës Sujet op den Ordre du jour ze setzen, well ech denken, et gëtt héich Zäit, dass de Ministère och eemol hei virun der Chamber erklärt, firwat de Sozialdialog an dësem Sektor net respektéiert gëtt.

Firwat bleift den Dossier vum Litige, deen d'Gewerkschaft bei der Schlichtungskommissioun agereicht huet, leien, ouni dass eng Sëtzung aberuff gëtt? Firwat goufen Accorden ënnerzeche, ouni dass d'Representantë vun der APCCA consideréiert goufen? Firwat muss dat edukatiivt a psychosozialt Personal ënner esou vill méi schlechten Aarbechtskonditiounen schaffen wéi déi aner? Fënn de Minister, dass hir Aufgaben esou vill méi einfach sinn? Wéi kann et sinn, dass een d'48-Stonne-Woch fir esou vill Employéen zur Reegel mécht, wa Studie kloer weisen, dass déi klassesch 40-Stonne-Woch de Burnout-Risiko scho steigert an d'Produktivitéit par rapport zu enger 35-Stonne-Woch stagnéiert oder souguer ofhëlt, well d'Leit einfach net vill méi packen.

Ech mengen, dass mer eis eens sinn, dass hei ganz vill am Uerge läit an een esou séier wéi méiglech zrëck un de Verhandlungsdësch misst kommen. Et geet eis schliisslech nieft den Aarbechter och grad ëm déi vulnerabelst Kanner, déi op eng gutt an individuell Prise en charge ugewise sinn. Si brauche Personal, dat sech ganz op si konzentréiere kann an net ausgebrannt an iwwerfuert probéiert, hinnen iergendwéi nach gerecht ze ginn.

Mir dierfen an de Schoulen d'Personal net splécken, mee muss kollegial a fair Aarbechtskonditiounen garantéieren. Dat bedeit, dass d'Kontrakter müssen eenheetlech sinn an et net wéi et bis elo ka sinn, dass zwou Persounen, déi fir genee déi selwecht Aufgaben agestallt goufen, ënner ganz verschidde Konditiounen schaffen. An dat bedeit och, dass de Minister sech muss entscheeden, ob en eng Upassung vun den Aarbechtskonditiounen un déi vun der Fonction publique wëll maachen, wou ee 40 Stonne schafft a säi Congé fräi leeë kann, wéi ee wëllt, oder ob eng



Upassung un den Enseignement soll gemaach ginn, wou een zwar manner flexibel ass, wat d'Congéen ugeet, mee duerfir awer och d'Preparatiounszeit an d'Schaffzeit mat agerechent kritt an esou net 40 Stonne pro Woch virun enger Klass steet.

Déi aktuell Kombinatioun vun den Nodeeler vu béide Systemer ka laangfristeg jo ni zu engem gesonden Aarbechtsklima féieren. Duerfir hoffen ech, datt de Minister eis haut kann a wäert soen, wéi hien d'Aarbechtskonditiounen an Zukunft ze verbessere gedenkt.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsmi-  
nister Claude Meisch.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a merci och der Madamm Cecchetti, datt mer haut de Mëtteg heiriwwer kënnen diskutéieren a vläicht och dat eent oder dat anert méi kloer maachen, woubäi ech wëll soen, datt et e ganz komplexen Dossier ass an datt mer och mussen hei méi staark ënnerscheeden, vu wat fir engen Ënnerberäicher vum ganzen Inklusiounsberäich a vun de ganzen Inklusiounsacteure mer hei allkéiers schwätzen, well déi aner Aufgaben, aner Realitéiten an hiren Aarbechtssofleeft hunn.

An dat huet och dozou gefouert, datt sech am Laf vun, losse mer soen, Joren a Joerzénge hénchstarwscheinlech ënnerschiddlech Konditiounen a Reegelerausgeschiet hunn, datt an deenen ënnerschiddlechen, och scho virun der Reform vun 2017 bestee-  
ende Kompetenzcenteren d'Reegelen aneschtters waren, datt se an deenen neien iergendwéi och hu misse fixéiert ginn, datt dat psychosoziaalt a sozio-  
edukatiivt Personal, wat zum Beispill an enger Re-  
gioun bei eis schafft an an de Schoulen direkt inter-  
venéiert, d'ESEB-Ekippen aneschtters gesi ginn, datt awer vläicht och e SePAS an engem Lycée oder e Service socio-éducatif, deen dach awer éischter eng Büroszeit schafft a jo net systematesch a Klasse geet a mat Kanner während der Schoulzeit schafft, mee éischter ausserhalb vun der Schoulzeit intervenéiert an Offerte mécht, datt mer do emol fir d'alleréisch mussen e groussen Ënnerscheid maachen, dee mer d'ailleurs och ëmmer probéiert hunn ze respektéieren an deenen Negociatiounen, an deenen Diskussiounen, déi mer awer elo schonn haten.

An déi leie jo awer elo annerhalleft, gutt annerhalleft, Joer zréck. Well nodeems mer, datt ass jo gesot ginn, festgestallt hunn, datt mer ënnerschiddlech Konditiounen hunn, a gefrot ginn ass, dat ze harmoniséieren, hu mer gekuckt: Wat ass dann d'gesetzlech Basis do derfir? Finalement war et just de Statut vum Fonctionnaire an der Fonction publique. Mir hunn eis op déi baséiert, fir déi Notten, déi dann d'Aarbechtszeit an deenen ënnerschiddlechen Domänen sollte reegelen, déi ech elo an hirer ganzer Bandbreit hee kuerz skizzéiert hunn, a mir hu probéiert, eng Linn dranzekréien.

Dat huet awer du kengem esou richteg gefall, ob-  
schon eigentlech jidderee sech eens war, datt mer eng uniform Basis bräichten. Mir hunn eis dunn och beieneegesat a mat allen interesséierten Acteuren Negociatiounen ugefaangen. Ech wëll awer nach eng Kéier drun erënneren, datt eng vu mengen éischte Froen an der alleréischter Reunion den 20. Oktober 2020 war, wien eigentlech dann do d'Recht hätt, ze negociéieren, wien dann eigentlech do kéint herno

Ënnerschréften ënnert en Accord setzen. „Mir wëllen allegueren hei zesumme matdiskutéieren“, war awer op där anerer Säit op jidde Fall dee Moment d'Antwert. „Da maache mer dat doten emol an da kucke mer, wou mer hei erauskommen“, hunn ech dann och gesot.

Mir si jo hei an engem Domän, wou mer als Ministère an deene leschte Joren enorm dran investéiert hunn. Mir hu 700 Posten an de leschte Joren zousätzlech geschaf fir de ganzen Inklusiounsdispositif, fir d'Schaffung vun den neie Kompetenzcenteren, den Ausbau vun de besteeende Kompetenzcenteren, fir d'Équipes de soutien pour enfants à besoin am Fondamental. Mir sinn elo amgaangen, dat am Secondaire ze maachen. Mir hunn d'Ekippe vun de SePASen an de Lycéeën ausgebaut. Mir hunn d'Service-socio-éducatif massiv ausgebaut an de Lycéeën, fir och an de Lycéeë Richtung Ganztagsaktivitéiten ze goen, soudatt et bei eis virun allem dréms gaangen ass, datt mer méi kënnen ubidden, datt mer méi Kanner en charge kënnen huelen, datt mer eigentlech all Kand, och am Fall vun engem Kand mat extra Besoinen, méi Stonne kënnen assuréieren.

Well ech ka mech nach erënneren, an dat ass net laang hier, och dat ass net laang hier, mee et mengt ee vläicht, et wier en anert Joerhonnert gewiescht: Mir hu virun e puer Joer nach vun hannen no vir gerechent a just d'Penurie geréiert a gekuckt, datt mer engem Kand net déi Stonnen un Ënnerstützung konnte ginn, déi eigentlech noutwendeg waren, mee just gekuckt, wéi vill Ressourcenn dann do sinn, an déi dann iergendwéi op déi Kanner opgedeelt.

Duerfir hu mer déi dote Schrëtt gemaach an ech mengen, dat war en daitlechen Invest an d'Qualitéit vun deem ganzen Dispositif. Mir hunn awer och no dem 20. Oktober 2020 eng ganz Rei vu Reunionen gehat. Ech mengen, et waren iwwer 20 Aarbechtsreunionen, wou ech als Minister emol heiansdo derbäi war, déi heiansdo awer just um Fonctionnairesniveau stattfont hunn, wou ënner anerem och dee Référentiel oder d'Basis vun deem Référentiel des fonctions ausgeschafft ginn ass.

Jo, mir sinn do op eenzele Punkten och weiderkomm, mee et ass awer e Knackpunkt ginn an dat war dann dat, wat mer d'Tache nennen, wou kloer d'Fuerderung war, datt dat sozioedukatiivt Personal, de Gros dovunner – virun allem déi, déi a Leçone schaffen, also eng Intervention vun der ESEB an enger Klass maachen oder an engem Kompetenzcenter Schoul halen –, vun enger Tache vun 32 Leçonen d'Woch op 28 géif erofgoen.

Ech wëll Iech nach eng Kéier soen, datt ech vun Ufank un, beim Ufank vun deem Prozess gesot hunn, datt ech net wäert mat enger Léisung d'accord sinn, wou herno manner Stonnen erëm bei de Kanner ukommen.

Mir hu 700 Poste geschaffen an engem Domän, wou mer jo eng Penurie hunn, an do war all Riedner sech hei eens. Mir hunn trotzdeem deen doten Effort gemaach an da sollte mer elo op eemol soen: „Ok, jidderee, deen elo bei eis komm ass, an all déi, déi elo do sinn, dat maache mer eigentlech just, fir datt jidderee ka manner schaffen“?

Ech muss Iech soen: Meng Intentioun war, datt mer méi Zeit bei de Kanner hätten, datt mer eng besser Qualitéit vun deene Servicer kënnen assuréieren. Déi Propos, déi also do vun der Gewerkschaftssäit als Astigsdiskussiounspunkt um Dësch louch, dat war, fir vun 32 Leçonen op 28 Leçonen erfzogen. Dat war eng Perte vun iwwer 90.000 Leçonen am Joer gewiescht. Dat si ronn 90 Posten, déi mer gebraucht hätten, zousätzlech hätte misse rekrutéieren, fir dat dann och kënnen ze equilibréieren.

An erëm eng Kéier, jidderee huet hei confirméiert, datt mer eng grouss Penurie hunn, grad bei deenen dote Profiller, an datt mer déi jo net kéinte rekrutéieren. Also wann ech als Minister, wann d'Regierung domadder d'accord gewiescht wär, op deen dote Wee ze goen, hätte mer jo kaum d'Méiglechkeet gehat, dat doten à court terme och esou ëmzesetzen, ausser alt erëm eng Kéier, et wär herno Qualitéit bei de Kanner oder Presenzzeit bei de Kanner verluer gaangen. An dat wär fir mech op jidde Fall keng Approche.

Mir hunn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, awer och ëmmer gekuckt, wéi déi Situatiounen do an anere Länner gereegelt sinn. An do hu mer gekuckt, ob et wierklech hei esou eng grouss Diskrepanz gëtt. Hei gëtt dacks elo d'Tache vum Enseignant als Referenz geholl. Mir hunn awer emol gekuckt: Wat ass et bei änlechem Personal, bei deem selwechte Personal mat deene selwechten Aufgaben am Ausland?

Do fanne mer, datt quasi an alle Länner méi Leçone pro Woch ze leeschte sinn. Am Frankräich sinn et 35 Leçone pro Woch, an Éisträich sinn et 40 Leçone pro Woch, a Rheinland-Pfalz sinn et der 33 pro Woch, am Saarland sinn et der 31 – effektiv manner, wéi mir bis dohinner hate pro Woch –, an der Belsch sinn et der 36 pro Woch. Dir hutt Presenzaktivitéit direkt bei de Kanner ze leeschten, nach eng Kéier, bei deem Deel vun deem Personal, vun deem mer hei schwätzen, deen dann a Klassen- a Leçonslogik an de Schoulen och intervenéiert.

Mir hunn also iergendwann och festgestallt, datt mer mat engem Deel vun den Acteuren, mat deene mer do diskutéiert an negociéiert hunn, net weiderkomm sinn. A mir hunn, mengen ech, dat gemaach, wat ee mécht, wann ee pragmatesch denkt an zilorientéiert denkt, a gekuckt: „Mat wem kann ech dann en Accord hei fannen?“

A fir mech ass et nach eng Kéier esou, datt mir an der Fonction publique e Gesprächspartner hunn, mat deem mer kënnen Accorde maachen, an och nëmme mat deem kënne mer der maachen. Et kann een der ëmmer mat méi maachen, et kann een der och mat anere maachen, mee wa mer eppes wëllen hunn, dat d'Strooss hält, maache mer et mat de Gewerkschafte vun der CGFP.

A mir hunn eis mat deene weider un den Dësch gesat an hunn och Léisunge fonnt an dat ass deen Accord, deen da jo och hei elo dacks zitéiert ginn ass. An dee gesäit zum Beispill an deem ganz konkrete Punkt hei vir, wéi dann d'Tache vun deenen Agenten, déi a Leçonslogik, a Klassen intervenéieren, ze reegele wär, datt mer vun 32 op 30,5 géifen erofgoen. Mee dat ass awer nëmme een Deel.

Also mir waren absolutt bereet, do de Fuerderung vun de Gewerkschaften entgéintzekommen, awer sécherlech net esou wäit, wéi d'Astigsdiskussiounsbasis war vun eenzele Gewerkschaftsvertreider. An duerfir hu mer eeben net mat jidderengem finalement kënnen ofschléissen, well do vun där anerer Säit och keen Entgéintkommen ze verzeche war.

Mir hunn awer och d'Preparatiounszeit fir d'Assistance en classe eropgesat vun 8 op 14 Stonnen an der Woch. Mir hunn och insistéiert, datt, wa mer bei Agenten, déi an der Schoulzeit intervenéieren, do awer op 30,5 Leçone bleiwen an der Woch – dann ass dat jo nach ëmmer méi, wéi mer zum Beispill Leçonen am Fondamental hunn. Dat sinn der 28 –, datt mer do och systematesch aner Offeren an nei Offeren entstoe loosse, déi zum Beispill kënnen am Encadrement vu Kanner mat extrae Besoinen och ausserhalb vun der Schoulzeit gemaach ginn, an der Zesummenaarbecht zum Beispill mat Maisons relais, ganz konkret Ate-  
lieren, déi deelweis schonn ugebuede goufen, awer

déi mer méi systematesch och nach wëlle landeswäit ubidden.

Den Accord gesäit dann och nach vir, datt mer e Chef de service – an do si mer elo erëm beim Personal vun enger anerer Logik, nämlech déi, déi éischter Büroszäite schaffen, notament och an de Lycéeën, SePAS a Service socio-éducatif – an dem Lycée designéieren, fir och d'Koordinatioun ze maache vun den Aarbechten, well, an do sinn ech absolutt domadder d'accord, dat ongerechterweis net kloer beschriwwen war. Wat ass d'Missioun vun engem Agent vum SePAS? Wat ass d'Missioun vun engem Agent vum Service socio-éducatif? A virun allem och: Wat ass se net? An da kritt een op eemol vum Direkter gesot: „Maach hei a maach do!“, wat eigentlech net dem Profill vun den Agenten entsprach huet.

An dat wëlle mer méi kloer zentréieren, och nach eng Kéier, well mer gären hätten, datt déi Posten, déi mer dohinner ginn hunn, déi Ressourcen, déi mer dohinner ginn hunn, och en fonction vun deem, wat mer wëllen, nämlech méi Aktivitéiten, e bessere psychosozialen Encadrement och vun de Schülerinnen an de Schüler, agesat ginn an net fir eppes aneres, ech soen emol och vläicht, wann heiansdo dann Nout um Mann ass, mee awer finalement dacks mëssbraucht ginn.

Mir hunn och ofgemaach, datt mer en Aarbechtspang pro Mount fir d'Personal fixéieren, datt ee sech do ka bei aller Flexibilität, déi vläicht d'Schoul och brauch an hir ganz ënnerschiddlech Aufgabebereiche brauchen, awer eng Planungssécherheet ginn. Mir hunn och ofgemaach, datt dat ganz Personal vun dem psychosozialen Beräich an dem sozioedukative Beräich och vum CET a vun Teletravails méigleche ka profitéieren, wann dat d'Aktivitéit an der Schoul dann och zouléist. Dat ass sécherlech net zu all Moment a fir jiddereen de Fall. Ech mengen, dat versteet jiddereen.

A fir dat doten, wat ech elo kuerz hei resuméiert hunn, ëmzesetzen, do hu mer dann och decidéiert, e Comité d'accompagnement ze schafen, dee reegelméisseg zesummekënnert – ech mengen, en ass zanter der Signature vum Accord all Mount eng Kéier zesummekomme –, deen och ganz konkret a konstruktiv dorunner schafft, deen ënner anerem och um Punkt ass, fir de Referenzkader vun de Fonctiounen definitiv ze arrétéieren an dann och festhalen ze kënnen, mat deem mer och iwwert déi legislativ Initiativen schwätzen, déi musse geholl ginn, fir deen Accord hei kënnen ëmzesetzen. Dat musse mer zum groussen Deel awer och a Gesetzter maachen, fir do un deenen Texter zesummen ze schaffen an zesummen ze kucken, datt mer dat dann och op de Wee kréien.

D'Zil ass et, nach virum Summer déi Texter hei kënnen ze deposéieren. Et wäerten och eng Rei vun Elementer mat erafléissen, déi mer net an deem Accord hei gereegelt hunn, mee déi awer och déi Domänen vun der Inklusioun, sief et d'Kompetenzcenteren oder déi aner Instanzen um lokalen a regionale Plang, betreffen. A mir wäerten elo an den nächste Wochen dann, wéi gesot, do hoffentlech e Gesetzesprojet kënnen an d'Chamber bréngen, fir deen Accord do ëmzesetzen.

Also, wann ech resuméieren, Här President: Et gouf e Sozialdialog. Dee Sozialdialog huet och zum Accord gefouert. Et gëtt elo ënnerschiddlech Siichtweisen, wat de Wäert vun deem Accord do ass. An ech muss Iech soen: Ob et e Litige gëtt oder net, ass net u mir ze decidéieren. De Conciliateur muss dat decidéieren, ob et zu enger Conciliatioun hei kënnert oder net; ob mir mat enger derfir géiegender Gewerkschaft dat doten ënnerschriwwen hunn oder net, dat wäert festzestellen sinn. A wann dat feststellen ass, da wäerte mer dat och hei ëmsetzen.

An ech wëll awer och soen: Wann ech en Accord ënnerschriwwen hunn, dann hunn ech en ënnerschriwwen, dann halen ech mech och dorunner an ech setzen en dann och ëm mat deene Gespréichspartner a mat deenen Acteuren, déi mat ënnerschriwwen hunn, an dat maache mer. Duerfir kënnen mer och net elo, nodeems mer ënnerschriwwen hunn, iwwer alles erëm eng Kéier, och mat aneren, diskutéieren. D'APCCA huet dat gefrot. Mir hunn awer gesot, datt dat natierlech elo net kënnert. A mir mussen einfach elo eng Kéier waarden, wéi dann déi legal Situatioun do ass.

*(Interruption par la présidence)*

Ech weess, Här President, datt Der mer scho ganz generéis e bëssen Zäit ginn hutt, mee ech mengen, d'Komplexitéit vun der Matière huet dat doten erkläert. Elo hu mer viles hei diskutéiert iwwer Aarbechtskonditiounen an ech denken, déi si wichteg, fir an engem esou erausforderenden Domän ze schaffen wéi am Émgang mat Kanner mat extrae Besoinen, an engem Domän, dee mer och komplett reforméiert hunn iwwert déi lescht Joren, fir besser dozostoen. An déi Evaluatioun, déi gemaach ginn ass, déi wäert och weisen, datt mer besser do stinn. Et gëtt Schwaachpunkten an d'Evaluatioun wäert och dorobber hiweisen an déi wäerte mer och hei an der Chamber kënnen diskutéieren.

Et ass gefrot ginn, ob d'Personal och agebonne war a consultéiert gouf fir déi Evaluatiounen. En Deel vun der Evaluatioun ass eigentlech nëmmen opgrond vu Befrounge vum Personal gemaach ginn, d'Personal aus de Kompetenzcenteren, vun der ESEB, awer och aus de Schoulen, Enseignanten, fir wierklech ganz breet och do d'Meenungen anzehuelen an ze kucken, wat mer kënnen verbessern.

Jo, d'Reaktivitéit gëtt dacks do erwänt, datt déi Procedure schwéierfällg sinn a laang daueren. Mee ech mengen, wa mer dee Sujet hei eescht huelen, da wësse mer och, datt eng Diagnos hei net a Stonnen, net an Deeg an heiansdo net a Woche ka gemaach ginn, verlässlech ka gemaach ginn. An dat kritt och de Minister net geännert an ech denken, dat kritt och d'Chamber mat enger politescher Decisioun net geännert, well dat ass eng Fachkompetenz, déi derfir noutwendeg ass.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Educatiounsminister Claude Meisch. Parole après ministre fir d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Ech hu just eng kleng Nokro. Dir hutt jo gesot, Dir hätt och am Ausland gekuckt, wéi et do funktionéiert mat de Stonnen um Terrain, ne? Mech géif awer dann interesséieren, hu si awer dann och déi nämmleche Unzuel vu Stonnen, déi donieft, niewelaanscht nach sinn? Well ech mengen, dat ass jo de Problem. Ech ka 35 Stonne mat engem Kand um Terrain schaffen, wann dat meng Tâche ass, wann ech duerno awer net nach muss mat Elterendeeler schwätzen oder mat Enseignanté schwätzen. Well dat ass jo hei de Problem.

De Problem ass jo deen: Wann ech mat méi wéi x Kanner schwätzen, muss ech jo déi Unzuel, déi ech jo da muss u Gespréicher och hu mat Elteren, Enseignanten, Clen oder och ëmmer ..., déi gi jo da pro Kand ëmmer méi héich. Wat ech mat méi Kanner um Terrain schaffen, wat ech jo och méi niewelaanscht nach där Stonnen hunn.

Ech weess net, ob Der elo verstitt, wat ech mengen. Wann ech mat engem Kand um Terrain 35 Stonne schaffen, dann hunn ech een Elterendeel, ech hunn héchstwahrscheinlech eng Classe d'attache, ne? Ech hunn eemol eng Reunioun mat der CI. Wann ech

awer schonn zwee Kanner hunn, ass dat mol zwee, wann ech der zéng hunn, ass dat mol zéng. Dat mécht et jo awer, mengen ech, grad schwierereg. Et si jo net nëmmen déi Stonnen um Terrain. Et ass jo alles dat ronderëm och nach, wat et immens schwierereg mécht.

Ech mengen, Dir hutt gesot, Dir hutt eng Evaluatioun gemaach. Ech si wierklech gespaant dorobber, well et schéngt mer ganz spannend ze sinn. Well dorauer muss ee jo da Léieren zéien an da muss ee jo och reagéieren. Well ech mengen net, datt déi Stonnen, déi ee mam Kand um Terrain schafft, de Problem ass. Mee ech mengen wierklech, datt alles dat ronderëm, wat een dann op eng Kéier och guer net méi an déi Stonnentâche kritt, déi een huet ... An 48 Stonne sinn der ganz, ganz vill d'Woch. An ech sinn och do der Meinung, datt dat der vill ze vill sinn, och wann ee fräi huet, mee datt ee se emol net méi dorannerkritt. An dat ass jo, mengen ech, awer hei d'Kritik gewiescht vun der APCCA.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. An d'Wuert geet zréck un den Här Educatiounsminister.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Är Fro dokumentéiert nach eng Kéier d'Schwieregkeet, well wa mer et esou géife gesinn, da misste mer jo kucken, ob een Agent ... Wa mer elo reng d'Elterenaarbecht huelen: Een Agent, dee vläicht just während senger ganzer Wochenzäit mat engem Kand schafft – an dat hu mer jo, mir hu Betreuer, déi ronderëm d'Auer do ass, eent zu eent –, deen hätt jo dann nëmme Kontakt mat enger Famill, den Elteren, ze halen. Awer een Agent, deen all Leçon bei engem anere Kand an enger anerer Klass intervenéiert, huet dann natierlech vill, vill méi.

Op deen doten Detailniveau gi mer jo eigentlech net, wa mer d'Tâche hei reegelen. Bis elo war et op jidde Fall esou, datt mer ëmmer gesot hunn, et ass e Block vu Stonnen, déi den Agent dann och ..., mat grousser Flexibilität, wëll ech soen, a wou och kee Mënsch d'Auerzäit lafe léisst, mee déi mer als Referenz dann awer och ugin, wéi dat muss ze maache sinn.

Dir frot, ob déi Konnexaktivitéiten do och am Ausland ze leeschte sinn. Ech ginn emol dovunner aus, datt och déi Agenten am Ausland déi ze leeschten hunn, souguer an der Belsch, a wann ee 36 Stonne Leçon Presence bei de Kanner huet, datt ee sech do awer preparéiert, fir déi Leçon do ze assuréieren. Déi Preparatioun fält jo net vum Himmel an ech mengen, et ass keen esou douéiert, datt en einfach onpreparéiert all Leçon an d'Klass bei d'Kanner eragoen an eng perfekt Aarbecht maache kann.

Ech ginn dovunner aus, datt och do eng Concertatioun noutwendeg ass. Ech ginn och dovunner aus, datt och do de Weiterbildungstonnen noutwendeg sinn. An ech ginn dovunner aus, datt och do de Kontakt mat den Elteren noutwendeg ass, soudatt ech net dovunner ausginn, datt all déi Konnexaktivitéiten do ofgeschnidde wäeren, mee déi gehéieren do an der Tâche dozou, wéi se hei och iergendzwoousch an der Tâche derzougehéieren.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Meisch.

**Motions**

Mir kënnen dëse Punkt net ofschléissen, ouni nach iwwert déi zwou Motiounen ze befannen.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, wou gefrot gëtt, fir d'Diskussioun erëm opzehuelen an e Groupe de travail anzesetzen. Den Här Gilles Baum huet d'Wuert direkt gefrot.



**M. Gilles Baum** (DP) | Merci, Här President. Ech hunn et virdu gesot, wéi ech douewe stoung: De 16. November 2021 ass en Accord ënnerschrifwe ginn. Den Här Minister huet dat widderholl, wat mer och widderholl hunn am Kader vun den Tripartitesverhandlungen, vun deene Sätzungen. En Accord, deen ënnerschrifwe ginn ass, ass en Accord, dee gëllt; dee gëllt et ëmzesetzen.

Dofir géif ech och elo mengen, d'Fuerderung hei, fir mat der APCCA erëm nei Gesprécher unzefänken, gesinn ech elo net als zilféierend, well et jo en Accord gëtt. Mir hunn dat elo erkläert kritt. An dofir géif ech menger Fraktioun proposéieren, déi Motioun hei net matzestëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum. D'Madamm Martine Hansen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo, merci, Här President. Also den Accord ass do, den Här Baum sot et, an et ass elo net un eis, fir deen Accord a Fro ze stellen.

Op där anerer Säit hunn ech awer gesot, et wär wichteg, en oppent Ouer ze hunn. An déi Diskussiounen, déi solle gefouert ginn, mee se sollen net onbedéngt gefouert ginn, fir den Accord erëm opzemaachen, mee si solle gefouert ginn, fir d'Detailer ze klären.

Ech weess elo net genau, wat d'Madamm Cecchetti wëll. Wa se gären hätt, den Accord opzemaachen, da kënne mer et net stëmmen. Wann et einfach esou ass, kéinte mer domat d'accord sinn. Jo, wann Dir mir kloer sot, datt et net ass, fir den Accord erëm opzemaachen, datt et just ass, fir d'Detailer ze klären, da kënne mer domadder d'accord sinn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. Dann huet den Här Fred Keup d'Wuert gefrot.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Effektiv ass en Accord ënnerschrifwe gi mat enger Gewerkschaft, ok. Et muss een awer och bedenken, an dat steet jo och hei, dass et awer nach ëmmer Problemer ginn. Dat heescht, et gëtt nach ëmmer kee Gesetz, keng Base légale. An dat féiert awer derzou, dass et nach ëmmer net kloer ass, wat iwwerhaupt leeft. An ech mengen, an deem Sënn wier et am Fong ganz gutt, fir mat där Gewerkschaft nach weider ze schwätzen. Mir vun der ADR wäerten dat hei dofir och matzestëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Keup. Da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Also fir mech ass kloer, datt heimadder net den Accord per se a Fro gestallt gëtt, mee datt et wierklech drëm geet, emol erëm mateneen ze schwätzen. An dat ass, mengen ech, dat, wat absolutt dréngend néideg ass. An dat hunn ech och a menger Ried gesot. An dofir wäerte mir och ... A wann den Här Baum mer elo weist, wou hei drasteet, datt deen Accord soll a Fro gestallt ginn, dann ... Zumindest an den Invitte fannen ech wierklech näischt dovunner, datt do iergendwou dat Wuert „Accord“ och nëmme géif ugeduecht ginn. Deementspriedend wäerte mir dat heiten och matzestëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Den Här Educationnsminister freet d'Wuert a kritt et och.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Bon, et wonnert mech elo e bëssen, datt vun alle Bänken elo gesot gëtt, deen Accord géif net a Fro gestallt ginn. Dat huet sech awer virdu an den Interventionen och e bëssen anescht ersou ugehéiert. Dat freet mech dann awer, datt mer d'Resultat vun engem Sozialdialog hei unerkennen.

Ech wëll awer nach eng Kéier ënnersträichen, datt ech och mat Vertrieederinnen a Vertrieeder vun der APCCA zesummesou, och no der Signature vun deem Accord, mee awer natierlech refuséieren, den Accord nach eng Kéier do opzemaachen, well mer deen eent zu eent mat deenen zesummen, déi en ënnerschrifwe hunn, amgaange sinn ëmzesetzen. Mir kënne do elo net parallel eppes ëmsetzen an dann nach eng Kéier alles nei mat aneren Acteure verhandelen. Dat bréngt jo näischt.

Mee meng Dir ass op, mäi Büro ass op, mäi Ministère ass op, fir mat der APCCA allméiglech aner Punkte ze diskutéieren. An dat hu mer och an de leschte Méint gemaach.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Meisch. An dann huet d'Madamm Simone Asselborn-Bintz d'Wuert gefrot.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Merci, Här President. Ech wollt nach eppes bäifügen, wann Der erlaabt. Deen zweeten Invite, deen op där anerer Säit steet, dee mécht mir e bësse méi Kappzerbrieche, well ... – elo net Kappzerbrieche, mee ech kann domadder net averstane sinn, well u sech geet et hei ëm d'Aarbechtskonditiounen vum Personal, net ëm de System.

Dir wëllt hei am zweeten Abschnitt e Groupe de travail aféieren, fir de System nach eemol ze diskutéieren, de System vun der Education différenciée. Domat hunn ech e bësse meng Schwieeregkeeten, well et gëtt jo e Groupe de travail, deen awer am Kader hei agesat ginn ass. Dofir kann ech mat deem zweeten Invite och net esou liewen.

A wann de Minister seet, seng Diere sténgen op, fir d'APCCA nach eemol ze gesinn, da fannen ech dat och eng gutt Propos. An ech géif dann der APCCA och roden, vläicht do nach eemol un d'Dier klappen ze goen. Voilä.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. An da ginn ech d'Wuert un den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Jo, erlaabt mer just ganz kuerz, dem Här Clement ze äntweren. Et steet effektiv net d'Wuert „Accord“ dran, mee wann ech awer liesen: „afin de tenir compte de leurs propositions“, heescht dat jo awer, dass deene Saachen, déi vun der APCCA op den Dësch kommen, muss Rechnung gedroe ginn. An deene gëtt jo net Rechnung gedroen einfach an enger Diskussioun, mee deene muss Rechnung gedroe gi bei eppes, wou herno eng Ënnerschrëft drënnersteet.

An duerfir, ech interpretéieren et anescht wéi den Här Clement an ech interpretéieren et wierklech esou, wéi et hei formuléiert ass, dass hei de Wonsch wär, fir deen Accord nach eng Kéier opzemaachen. A mir hu virdu e puermol gesot, dass mer dat doten zu deem Zäitpunkt net wëlle maachen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum. An da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här Baum, wa mer dann elo géifen deen doten Abschnitt, dee ganz klengen Deel do, sträichen a mir géifen de System eraushuelen, géift Der da matzestëmmen?

(Hilarité)

Also just Excusen, fir et net matzestëmmen. Ech soe just, Dir hat och en Tripar...

**M. Gilles Baum** (DP) | Jo, mee ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech sinn nach net fäerdeg. Ech sinn nach net fäerdeg, wannechgelift. Dir

hat och en Tripartite-Accord, deen Der ënnerschrifwe hutt. D'Gesetz ass mëttlerweil ganz anescht wéi dat, wat am Ufank war. Do waren och nach ganz vill Gesprécher a mir hunn et verbessert. Duerfir kann een ëmmer Saache verbesseren.

Voilà! Méi hunn ech net dozou ze soen. Ech soen einfach: Mir stëmmen of, mir wësse jo, wéi d'Resultat ass.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Ech mengen, mir kënne elo zum Vott vun dëser Motioun kommen.

### **Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Neestëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Max Hengel), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Octavie Modert), Mme Viviane Reding (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Paul Schaaf), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Quelle surprise!

### **Motion 2**

**M. Fernand Etgen**, Président | Da kéime mer elo zur Motioun Nummer 2. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Jo. Ech muss Iech soen, wann ech déi heite Motioun kucken, dass mer effektiv Personal detachéieren aus der Education différenciée, dat heescht, mir gi Leit detachéieren aus de Kompetenzentere fir an de Fondamental. Mir hu grad eppes opgebaut duerch d'Gesetz vun 2018, wou mer déi Kompetenzentere opgebaut hunn.

Elo gi mer d'Leit do ewechzéien. Dat heescht, mir huelen deene Kompetenzentere hir Liewensgrondlag an hiert Personal. Dat, muss ech soen, dat kann ech awer net akzeptéieren. An duerfir géif ech och proposéieren, déi Motioun hei net ze stëmmen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Wann ech virdu fir d'Motioun gestëmmt hunn, dann ass et mer bei där heiter Motioun e bësse méi schwéiergefall. Mir wäerten eis och enthalen an ech leeën och duer, firwat.

Ech hu virdru fir méi Dialog plädéiert. Méi Dialog setzt viraus, datt mir heibannen net dem Dialog virgräifen. An ech mengen, wa mer elo hei géifen eng Motioun stëmmen, déi quasi schonn engem Outcome vun deem Dialog géif virgräifen, firwat solle se sech dann nach zesummesetzen an diskutéieren?

Dat heescht, fir eis ass et ganz kloer: Mir invitéiere souwuel d'Gewerkschaft wéi och de Ministère, deen Dialog ze sichen, sech auszutauschen an da Léisungen ze fannen. An deem soll d'Chamber do net virgräifen, andeem se eng Motioun stëmmt, déi quasi do schonn d'Schinne setzt, op deene se sech duerno beweegen mussen. Duerfir wäerte mir eis enthalen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement. An da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Hansen.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Jo, merci, Här Président. Mir hu scho méi wéi eemol hei gesot, datt mer gären eng Équipe multiprofessionnelle an der Grondschoul hätten, mee ech mengen, et ass net dee richteg Wee, fir déi elo einfach aus de Kompetenzcenteren ze detachéieren. Duerfir wäerte mer eis hei enthalen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hansen. An da wier et um Här Fred Keup.

**M. Fred Keup (ADR)** | Jo, merci, Här Président. Dat, wat den Här Clement gesot huet, dat géif natierlech stëmmen, wann déi Motioun hei virdrun ugeholl gi

wier, mee déi ass jo net ugeholl ginn. An dowéinst behält déi hei awer trotzdeem nach e gewëssene Sënn, well mir gi jo dervun aus, dass net méi vill wäert diskutéiert ginn an der Realitéit.

Bei dëser Motioun, jo, do misst een awer genee kucken, wéi dat géif ausgesinn um Terrain. Effektiv stelle sech do eng Partie Froen, wann een déi Leit ofzitt, wéi ee Konzept do soll gräifen, wéi dat am Detail soll ausgesinn. Duerfir tendéiere mir och derzou, eis hei éischter ze enthalen.

Merçi.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Keup. Ma da kënnen mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

#### **Vote sur la motion 2**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 2 ass mat 2 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen a 27 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Max Hengel), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Octavie Modert), Mme Viviane Reding (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 17.03 heures.)*

## 60<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

### Sommaire

#### **1. Ouverture de la séance publique ..... p. 56**

M. Fernand Etgen, Président

#### **2. 7892 – Projet de loi portant modification :**

**1° de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;**

**2° de la loi modifiée du 10 juillet 2011 portant organisation de l'Institut national de la statistique et des études économiques et modifiant la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;**

**3° de la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques ..... p. 56**

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes : Mme Simone Asselborn-Bintz

Discussion générale : M. Georges Mischo | M. Claude Lamberty | M. Marc Hansen | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7892 et dispense du second vote constitutionnel (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)

#### **3. Question élargie n° 148 de M. Gilles Roth au sujet de l'imposition des plus-values réalisées lors de la vente d'un bien immobilier ..... p. 58**

M. Gilles Roth | Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

#### **4. Question élargie n° 150 de M. Laurent Mosar au sujet de la compétitivité de la place financière du Luxembourg ..... p. 59**

M. Laurent Mosar | Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances (intervention de M. Laurent Mosar) | M. Laurent Mosar | Mme la Ministre Yuriko Backes

#### **5. 8000A – Projet de loi portant transposition de certaines mesures prévues par l'« Accord entre le Gouvernement et l'Union des Entreprises luxembourgeoises et les organisations syndicales LCGB et CGFP » du 31 mars 2022 et modifiant :**

**1° le Code de la sécurité sociale ;**

**2° le titre I<sup>er</sup> de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;**

**3° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;**

**4° la loi modifiée du 24 juillet 2014 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures ;**

**5° l'article 3, paragraphe 7, de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;**

**6° la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant modification 1. du Code de la sécurité sociale ; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant ;**

**7° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale ..... p. 61**

Rapport de la Commission spéciale « Tripartite » : M. Gilles Baum

Discussion générale : M. Gilles Roth (interventions de M. Roy Reding) | M. André Bauler (interventions de M. Gilles Roth et M. Dan Kersch) | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché (intervention de M. Fernand Kartheiser) | M. Fernand Kartheiser (dépôt de la motion 1) | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement (intervention de Mme Martine Hansen) | M. Dan Kersch (interventions de M. Sven Clement)

Prises de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | M. Henri Kox, Ministre du Logement | M. Sven Clement (parole après ministre) | M. le Ministre Henri Kox

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8000A et dispense du second vote constitutionnel

Motion 1 : M. Gilles Baum | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement

Vote sur la motion 1 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, Mme Taina Bofferding, M. Henri Kox, M. Franz Fayot, M. Georges Engel et Mme Yuriko Backes, Ministres.



(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech maachen d'Sitzung op.

## 2. 7892 – Projet de loi portant modification :

**1<sup>o</sup> de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;**

**2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 10 juillet 2011 portant organisation de l'Institut national de la statistique et des études économiques et modifiant la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;**

**3<sup>o</sup> de la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques**

Den éischte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7892 iwwert d'Verréckele vum Datum vun de Gemengewalen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert un d'Madamm Rapportrice, déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes**

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, ech mengen, ech brauch hei an dësem Haus kengem iwwert d'Wichtigkeet vu Walen ze schwätzen, dass dëst Recht – well ech schwätzen ëmmer ganz gäre léiwer vu Recht wéi vu Pflicht, obschonn et eng Pflicht ass – d'Basis ass vun all Demokratie.

Well et gëtt nach ëmmer Länner, déi keng fräi Walen hunn, a wou d'Bierger keng Méiglechkeeten hunn, demokratesch ofzestëmme, wie si representéiere soll. An dat ass net akzeptabel! Grad dofir sinn ech frou, dass mir hei zu Lëtzebuerg wielen dierfen an och musse goen. A grad dofir ass et wichteg, dass och all Mënsch vun dëser Pflicht Gebrauch mécht a wile geet.

D'nächst Joer hu mer dann e sougenannt Superwale. Zwou Wale falen openeen: d'Gemengewalen an d'Chamberwale. Dass dëst net zesummen op deem selwechten Dag kann organiséiert ginn, dat lichter och jiddwerengem an.

Dëse Projet de loi 7892, deen ech elo d'Chance hunn, Iech ze presentéieren, gesäit e puer Ännerungen um Gemengegesetz vir.

De Projet de loi gouf den 30. September 2021 vun der Inneministesch Taina Bofferding deposéiert. Mir kruten de Projet an der Kommissioun den 9. Juni presentéiert, an an där Reunioun selwer hu mer och den Avis vum Staatsrot vum 22. März analyséiert, deen dann awer och just e puer punktuell Remarken zum Projet gemaach huet. Ech gouf an där selwechter Sitzung och Rapportrice genannt, a mir hunn de Rapport unanime ugeholl.

Et gëtt proposéiert, e puer Ännerungen um Gemengegesetz virzehuelen, déi der Tatsaach da Rechnung droen, dass d'Gemengewalen d'nächst Joer weinst den Nationalwale am Oktober virgezu ginn. Iwwer e groussherzoglecht Reglement gouf den Datum op den 11. Juni 2023 festgeluecht.

De Projet de loi gesäit och vir, dass an Zukunft d'Zuel vun de Conseillere, Conseillère a Schäfte a Schäfteinnen an all Gemeng net méi op Basis vun der Volkszählung arrétéiert gëtt, mee dass een dofir

d'Informationen aus dem Registre national des personnes physiques benotzt. Vu dass dëse Register permanent zu jour gehale gëtt, ass dee méi realitéitsno wéi d'Volkszählung, déi u sech nëmme all zéng Joer gemaach gëtt.

An der Konsequenz ginn dann elo dräi Gesetzer ofgeännert: d'Gemengegesetz, d'Gesetz iwwert de Statec an d'Gesetz iwwert d'Identifikatioun vu physische Persounen.

Dës Modifikatiounen betreffen den Datum, op deem d'Zuel vun de Conseillere a Conseillère a Schäfte a Schäfteinne pro Gemeng festgehele gëtt, d'Dauer vun hirem Mandat an den Zäitpunkt no de Wale, ab deem dat neit Mandat ufänkt.

Wann d'Wale am Oktober stattfannen, kann dee scheidende Gemengerot jo net iwwert den 31. Dezember eraus am Amt bleiwen. Dës Dispositioun gëtt dann elo esou ugepasst, dass hiet Mandat spéitstens dee leschten Dag vum zweete Mount no de Wale op en Enn geet. Dat heescht, fir d'Wale am Juni d'nächst Joer wär dat dann deemno den 31. August.

Den Datum, op deem d'Zuel vun de Conseillere a Conseillère a Schäfte a Schäfteinne pro Gemeng festgehele gëtt, bleift den 31. Dezember, wa Gemengewale am Oktober sinn, gëtt awer op den 30. September virverleecht fir d'Wale, déi elo am Juni sinn.

D'Mandatsdauer vu sechs Joer gëtt dann och net onbedéngt gerechent op den 1. Januar no de Wale, mee ab dem éischten Dag vum drëtten Mount no de Wale, wat dann eeben am Fall vun de Wale am Juni d'nächst Joer den 1. September wär.

Wéi den ofgeännerten Artikel 5bis virgesäit, bleift dann eeben de scheidende Gemengerot awer am Amt, bis den neie Buergermeeschter a Schäfteerot nominéiert an assermentéiert sinn an deen neie Gemengerot agesat ass.

Eng weider Ännerung betrëfft, wéi gesot, d'Volkszählung. Och wann dës net méi ausschlaggebend ass fir d'Festlee vum der Zuel vun de Gewielten, esou gëtt se dach awer an Zukunft och an Zesummenaarbecht tëschent de Gemengen an dem Statec duerchgefouert. D'Modalitéit vun der Zesummenaarbecht ginn iwwer Reglement grand-ducal festgeluecht. Well d'Referenzen op d'Volkszählung an den aktuellen Artikelen 4 a 5ter vum Gemengegesetz ewechfalen, mussen d'Referenzen op den Artikel 5ter am Gesetz iwwert de Registre pour personnes physiques och erausgeholl ginn.

Här President, mir haten zu dësem Projet de loi eng Rei Avisen erakritt, zum engen natierlech dee vum Staatsrot, deen de Projet jo generell guttgeheescht huet a just e puer Remarken an eng Propos gemaach huet, déi d'Kommissioun dann awer och ugeholl huet.

E weideren Avis hat de Syvicol eis eraginn. Och dësen Avis ass generell positiv, ofgesi vun e puer Proposen a Froen. Eng Fro huet d'Zesummenaarbecht tëschent dem Statec an de Gemenge bei der Volkszählung betraff. Hei war d'Demande u sech, dass all Fraisen an deem Kontext vum Staat solle gedroe ginn.

Eng aner Fro huet sech op d'Mandatsdauer bezunn a mat den Auswirkungen op d'Wale 2029 beschäftegt, well fir de Syvicol d'Zesummespill vun deene modifizéierten Artikelen 5bis a 5quater net esou kloer war. Effektiv mussen déi zwou Dispositiounen zesumme gekuckt ginn. Vu dass laut dem Artikel 186 vum Walgesetz d'Gemengewale den zweete Sonnden am Oktober stattfannen, ausser dann eeben, wann d'Landeswale an d'Gemengewale zesumme fallen, wäerten d'Gemengeréit, déi d'nächst Joer gewielt ginn, bis no de Wale am Oktober 2029 am Amt bleiwen. Hiert Mandat geet da spéitstens den 31. Dezember 2029 op en Enn.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hat den 8. November en Avis ofginn, huet awer och do keng besonnesch Remarken zum Projet de loi gehat.

De 4. März huet dann nach déi national Dateschutzkommissioun en Avis eragereecht an d'CNPD hat u sech virun allem Froe gestallt iwwert d'Aart a Weis, wéi d'Donnéen tëschent dem Statec an de Gemengen ausgetosch ginn. Besonnesch wat d'Roll vun de Gemengen am Kader vun der Volkszählung ugeet, hätt d'CNPD léiwer gesinn, wann dës Modalitéiten an engem Gesetz an net iwwer Reglement grand-ducal festgeluecht gi wäeren.

Här President, dëst wär et u sech schonn, ech wär scho bal um Enn vu mengem Bericht. Et ass e klengt Gesetz, wat awer, mengen ech, eng Auswirkung huet op d'nächst Joer. Déi weider Detailler kënn Der natierlech am schréffleche Rapport noliesen.

Am Numm vun der LSAP wéilt ech Iech natierlech soen, dass mer dëse Projet de loi selbstverständlech matstëmmen. An ech wënschen och elo scho jiddwerengem, dee sech dann d'nächst Joer bei egal wat fir enge Wale zur Wal stellt, bonne Chance a vill Erfolleg. An Iech soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Rapportrice Simone Asselborn-Bintz.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Georges Mischo agedroen. Här Mischo, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Georges Mischo** (CSV) | Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, mir stëmmen haut iwwert den Text vum Projet de loi 7892 of, fir verschidden Adaptatiounen an dräi Gesetzer virzehuelen, an dat en vue vun de Gemengewale 2023.

Ech soen am Ufank vu menger Ried der Deputéierter Simone Asselborn-Bintz Merci fir hire schréfflechen a mëndleche Rapport.

Et geet bei dësem Projet drëm, fir d'Gesetzer ze adaptéieren, well d'Gemengewale bekanntlecherweis schonn den 11. Juni 2023 stattfannen an net am Oktober, esou wéi dat eigentlech geplangt war a wéi dat am Fong geholl och bei deene leschte Gemengewale de Fall war. Dofir mussen eng Partie Dispositiounen ugepasst ginn, fir dass déi Wale och ouni juristesche Onsécherheeten, Onkloerheeten an esou weider kënnen ofgehele ginn.

Weiderhi soll an Zukunft eng aner Basis un Donnéeën genotzt ginn, fir d'Unzuel u Schäfte a Membere vum Gemengerot ze determinéieren. Et sollen net méi d'Chifferen aus dem Recensement sinn, mee déi aus dem Registre national des personnes physiques, well dës méi aktuell sinn.

Mat béiden Ännerungen si mir als CSV eigentlech averstanen, an och an den Aweise goufen et dozou just e puer marginal Kritikpunkten.

Wat allerdéngs de Prinzipp vum Verréckele vum Datum vun de Gemengewale ugeet, bleiwe mir bei der Positioun, déi mäi Fraktiounskolleg Claude Wiseler schonn a senger Ried zum Projet de loi 7095 zum Walgesetz de 6. Dezember 2017 zum Ausdrock bruecht huet.

Mir hunn eis deemools beim Gesamtprojet enthalten, waren awer géint d'Verréckele vun de Gemengewale an haten dofir och e Vote séparé ugefrot.

De Claude Wiseler huet fir eis Positioun verschidde Grënn opgezielt, déi fir eis och haut nach gëllen. Mir waren a si virun allem net dermat d'accord, dass d'Mandatsperiod vun de Gemengeréit, ob se

zu Beetebuerg, zu Bartreng, zu Mamer oder zu Esch sinn ..., dass d'Mandatsperiod von deene Gemengeréit, déi fir sechs Joer gewielt sinn, vum Legislatuor einfach verkierzt gëtt respektiv ginn ass.

Mir fannen, dass dat vis-à-vis vun alle gewielte Gemengeresponsabelen net fair ass, zemools well si et jo net am Virus woussten. Mir waren deemools derfir, fir béid Walen am Joer 2023 op engem Dag ze organiséieren a stattfannen ze loossen.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn eis natierlech bewusst, dass mir dat elo net méi verhënnere kënnen, an d'Walen definitiv den 11. Juni 2023 stattfanne wäerten. Deementspriedend hu mir de leschte Samschden op eisem Kongress och schonn eis Walcampagne fir 2023 lancéiert. Mir bleiwen haut awer mat eiser Position an der Kontinuitéit vun den Aussoe vun 2017.

Och wann et fir eis, wéi gesot, an der Suite vun der Upassung vum Datum logesch a richtig ass, fir dës Upassung vum de Gesetzter virzehuelen, si mir nach ëmmer net mam Point de départ vun dësen Adaptationen d'accord, an dofir stëmmt d'CSV-Fraktioun och géint dese Projet.

Ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mischo. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Villmools merci, Här President. Als Éischt och emol e grouse Merci un d'Rapportrice, meng Quasi-Bänknopesch, d'Madamm Simone Asselborn-Bintz, fir hire gudd schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech bleiwen hei stoen, well ech wëll et ganz kuerz maachen. De Rapport war wierklech esou gutt, dass mer einfach nëmme kënnen den Ok fir dat dote ginn. D'Gesetzter si jo ganz oft derfir do, fir d'Saache méi einfach ze maachen, méi kloer ze maachen. An ech mengen, hei si mer an esou engem Fall, wou mer am Superwaljoer, wou mer elo gläich wäerten dra sinn, ganz sécher wëssen, wat op eis duerkennt.

Ech mengen, et gi Saache verbessert, et gi Saachen ergänzt, et gi Saache méi kloer gemaach an notament dee Punkt vum Registre national des personnes physiques, dass dee geholl gëtt als Referenz, dat, mengen ech, ass eppes, wat d'Saach definitiv vereinfacht an definitiv méi kloer mécht.

Dat gesot, ginn ech nach eng Kéier den Accord vun der DP-Fraktioun a soe Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Lamberty. An da wier et um honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Merci, Här President. Ausléiser vun dësem Projet de loi sinn déi virgezunne Wale vun Oktober 2013, déi mat sech bruecht hunn, dass déi nofolgend Chamberwalen net méi am Fréijoer, mee am Hierscht stattfannen. Och wann et reng mathematesch just all 30 Joer virkënn, dass mer e Superwaljoer mat Gemengen- a Chamberwalen hunn, war kloer, dass dësen Zenario 2023 géif antrieden. Duerfir ass och schonn direkt an der leschter Legislaturperiod eng Gesetzesännerung gemaach ginn, fir déi nächst Gemengewale kënnen am Fréijoer 2023 virzezielen, also vun den Nationalwalen, déi d'nächst Joer am Hierscht sinn, ze trennen.

Dës Trennung respektiv dës Virzéie vun de Gemengewale gouf deemno schonn duerch

d'Walgesetzännerung, déi Niklosdag 2017 hei an der Chamber gestëmmt ginn ass, erméiglecht, an den offiziellen Datum ass schonn am Dezember 2021 iwwer Règlement grand-ducal op den 11. Juni 2023 festgeloucht ginn.

Allerdéngs waren am Gesetz vun 2017 nach net all Detailer dozou gekläert. Mam Projet de loi vun haut de Mëtteg suerge mer elo fir déi néideg lescht Upassungen, fir juristesche Lacunen an Inkohärenzen ze evitéieren an d'Kohärenz vun de Walreegelen a Walprozeduren ze garantéieren.

Et ass schonn e puermol erwänt ginn: E weideren zentrale Punkt vun dësem Projet betrëfft déi statistesch Grondlag, fir d'Mandatsberechnung respektiv fir déi offiziell Zuel vun de Gemengeréit a Schäfferéit festzeleeën, déi et an all Gemeng ze besetze gëllt.

Vill Leit wëssen zwar, dass d'Awunnerzuel vun de Gemengen eng Roll bei der Gréisst vum Gemengerot spillt an och a puncto Majorz- a Proporzsystem. Mee Detailer, wéi d'Reegel, dass Gemengen ënner 10.000 Awunner 2 Schäfferen zegutt hunn, mee déi méi grouss tëscht 3 a 6, oder dass d'Gemengen ab 10.000 Awunner net méi just 13, mee 15 Sätz am Gemengerot musse besetzen, an déi iwwer 15.000 Awunner 17 Sätz an esou weider, sinn net ëmmer bekannt.

Et ass also wichteg, dass dës Populationszuele fir d'Wal esou akkurat an esou aktuell wéi méiglech sinn an der Realitéit um Terrain gerecht ginn. Do gëtt sech elo op de Registre national des personnes physiques an net méi op d'Volkszählung baséiert.

de gréng begreissen dës, well d'Donnéeën domadder méi prezis, méi aktuell a mat manner Opwand ze kréie sinn – eng sënnavoll Simplification administrative.

Mat dësem Projet hake mer kuerz gesot e puer wichteg, awer éischter technesch Punkten am Bezuch op d'Walen of. Duerfir fannen ech et wichteg, de Mëten och drop hinzeweisen, dass dese Projet de loi net deen eenzeggen ass, deen Ännerungen en vue vun de Gemengewalen 2023 an och doriwwer eraus mat sech wäert bréngen.

Sou läit jo bei de Kolleegen vun der Institutionskommission nach dee méi politesche Projet de loi, mat deem den Delai fir d'Aschreiwung op d'Wielerleschte vun den net Lëtzebuerger Wieler bei de Gemengewalen ëm en décke Mount, 32 Deeg, soll verkierzt ginn an och déi bisheereg Residenzklausel vu fënnf Joer fir d'Gemengewal opgehuewe gëtt. Domadder wäerte weesentlech méi Matbiergerinnen a Matbierger um lokalen Niveau kënnen um kommunalpolitische Liewen deelhuele, wat enger längerfristeger Fuerderung vun där grénger Partei entsprécht.

Ofschléissend wéilt ech der Rapportrice, der Madamm Simone Asselborn-Bintz, nach Merci soe fir hiren detailléierte schrëftlechen a mëndleche Rapport a ginn och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Marc Hansen. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Ech wëll fir unzefänken der Rapportrice, der Madamm Simone Asselborn-Bintz, en häerzleche Merci soe fir dese schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, et ass alles gesot. An ech mengen, et ass och elo vun alle Säite belicht ginn, de Pro an de Kontra.

An ech ginn domadder den Accord vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Engelen. An da wier et elo un där honorabelen Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, och vu menger Sait der Rapportrice e grouse Merci fir den exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Mir ginn och eis Zoustëmmung zu dësem.

An et ass wierklech schued, dass mer haut net och nach kënnen dat Gesetz vun der Residenzklausel vu fënnf Joer, déi aboléiert gëtt, matstëmme. Dat wier genial gewiescht, wa mer déi zwee Gesetzter an engem Dag hätte kënnen stëmme. Mee dat wäert jo hoffentlech geschwënn um Rôle sinn, an da si mer wierklech frou, fir dat och kënnen ze stëmme.

Merci!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An da wier et um honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci der Madamm Simone Asselborn-Bintz fir dee gudd schrëftlechen a mëndleche Rapport. Och mir Piraten sinn averstanen, well et muss ee bedenken, dass mer elo zwee Datumen hunn. Dat stäerkt och nach eng Kéier d'Demokratie hei am Land, well ee seng Programme ka vill besser dem Bierger vermëttelen. Et schwätzt ee vill méi iwwert d'Theemen, wéi wa mer Chamber- a Gemengewalen zesummen hätten. Dat heescht, et ass och nach e Plus un Demokratie, dee mer doduerjer kréien.

Bon, déi sechs Méint, dat kann ee gesinn. Déi eng, déi wëlle méi laang op hirem Poste bleiwen. Ech freeë mech drop, dass ech ka sechs Méint éischter bei mir an der Gemeng wien.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Inneministesch Taina Bofferding.

**Prise de position du Gouvernement**

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Jo, merci, Här President. Ech mengen, ech brauch net weider op d'Modifikationen anzugeen. D'Rapportrice huet dat esou ausféierlech gemaach, an och d'Riedner duerno hunn nach eng Kéier d'Wichtigkeet ervirgestrach. Virun allem ass et gutt, dass mer hei elo fir Kloerheet suergen.

Ech muss soen, ech fannen et och schued, dass mer net hei unanime sinn. Och wann et e kleng Projet ass, esou mengen ech, wär dat awer och vun der Symbolik hier gutt gewiescht, well un déi Diskussioun kann ech mech net méi esou erënneren, dass mer déi an der Kommissioun haten. Mee bon, ech huelen et dann eeben hei zur Kenntnis.

Wat vläicht nach interessant ass, wa mer elo schonn doriwwer schwätzen, well ech weess, dass scho ganz vill Gemengen elo froen, well dann an Zukunft, fir d'Gréisst vun de Gemengeréit ze fixéieren, mer eis jo net méi op d'Basis vun der Volkszählung beruffen, mee mer jo dann den RNPP huelen. Hei wäerte mer ëm den 30. September dës Donnéeën kucken a wäerten dann dee Moment och d'Reglement huelen an de Gemenge matdeelen, dass se wëssen, wéi vill Leit dann an Zukunft an deene jeeweilege Gemengeréit ze bestëmmen sinn.

Voilà, dës gesot, nach eng Kéier trotzdem merci fir dee Support, deen do ass. An och ech hoffen, dass mer geschwënn dann deen zweeten Deel, eeben d'Ophiewe vun der Residenzklausel, kënnen hei ..., also dass dat hei ka vun Iech gestëmmt ginn. Ech mengen, dat alles ass am Zeeche vun der Stärkung



vun der Demokratie. Dann hoffe mer natierlech alleguerten, dass vill Leit sech d'nächst Joer mellen, déi gewëllt sinn, eeben eng Verantwortung an der Politik an hirer Gemeng ze iwwerhuelen.

An dann, wann Der erlaabt, vläicht eng kleng Remark nach dozou. Ech gesinn hei och de Syvicolspresident. Mir ware kierzlech zesummen, wou mer eis iwwerluecht hunn: Maja, wa mer gäre wëllen nach Leit motivéieren, an d'Lokalpolitik ze goen, hu mer wëlles, dëst Joer esou eng Aart Porte ouverte ze organiséieren, wat dann am Endeffekt bei eis eng Porte vun der Semaine gëtt, wou mer en Appell wäerten un d'Gemenge maachen, sech deem unzeschleissen an de Leit ze weisen, wéi interessant a wéi flott eeben e Mandat an der Lokalpolitik ass, dass se net nëmmen eng Kéier de Gemengerot vu banne gesinn, de Sall oder just de Büro vum Buergermeeschter, vun der Buergermeeschtesch, mee dass se och esou nach kënnen direkt de Kontakt hunn.

A wie weess, vläicht kréie mer jo nach e puer Leit iwwerzeegt a vläicht nach méi Jonker an och méi Fraen. Ech mengen, dat géif och eise Gemenge guttduen.

Merci!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools Madamm Inneministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7892. Den Text steet am Document parlementaire 7892<sup>5</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7892 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi 7892 ass mat 38 Jo-Stëmme géint 21 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7892 est adopté par 39 voix pour et 21 voix contre.*

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par Mme Djuna Bernard) et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par M. Max Hengel), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo).*

Ech hat vergiess ze soen, datt ee virun engem Vott sech op sengem Poste muss aloggen, fir kënnen mat ofzestëmmen. An ech hu gemierkt, datt dat ee Feeler vu mir war, datt ech allkéiers ëmmer erëm déi verschidden Deputéierten dorobber muss hiweisen.

*(Brouhaha et hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Här President, dat gëtt eng Zwouminuttestrof.

**M. Fernand Etgen, Président** | Absolutt! Jo.

**Une voix** | Här President, ech sinn och am Fall.

**M. Fernand Etgen, Président** | Jo, jo! Mir hunn dat alles enregistriert.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

### **3. Question élargie n° 148 de M. Gilles Roth au sujet de l'imposition des plus-values réalisées lors de la vente d'un bien immobilier**

Mir kommen elo zur erweiterter Fro Nummer 148 vum Här Gilles Roth iwwert d'Besteuerung vun der Plus-value beim Verkaf vun Immobilien. Den Auteur huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Merci, Här President. Ech wëilt soen, dass mer als CSV der Meenung sinn, dass ee virun allem déi breet Mëttschicht, déi eigentlech bei all Kris de Bockel muss duerhalen, reegelméisseg steierlech entlaaschte sollt. Dat ass fir eis eng Fro vu Steiergerechtegkeet.

D'Fro vu Steiergerechtegkeet spilt sech awer och op anere Felder of, sou zum Beispill bei der Besteuerung vun der Plus-value bei der Veräusserung vun enger Immobilie.

Ech hunn dat schonns méi oft op dëser Tribün gesot a fir d'lescht bei dem Stabilitéitspakt: Et kann eigentlech net sinn, dass eng Persoun sech op Käschte vun der Allgemengheet eng gëllen Nues verdéngt an net den néidege Retour op finanziellem Plang der Allgemengheet derfir zrëckgëtt!

Et ass net novollzéibar, dass wann ech eng Plus-value maache vun 100.000 oder 200.000 Euro, wann ech zum Beispill en Appartement, wat ech hunn, no zwee Joer erëm verkafen an ech net – wéi eigentlech normal op mäi Loun – da praktesch 40 % Steieren drop bezuelen, mee nëmmen d'Hallschent, 20 %.

Am Sënn vun der sozialer Gerechtegkeet plädéiere mir derfir, dass een nëmme méi soll an de Genoss vun der reduzierter Plus-value-Steier vun 20 % kommen, wann een eng Wunneng méi wéi fënnf Joer am Besëtz huet. An dat ass fir eis eng Moosnam, fir géint Spekulation virzegoen.

Dat gesot, ass et awer fir eis och gradesou onverständlech – an dat ass eigentlech de Kär vu menger Fro –, dass ee beim Verkaf vun enger aler Immobilie, déi een zum Beispill geierft huet, praktesch awer vum Staat bei d'Issett gelooss gëtt.

Ech erkläre mech: Ech ierwen en Haus aus de 60er-Joren – loosse mer soen: 1960 gebaut ginn. De geschaten deemolege Wäert vum Haus läit do bei ronn – loosse mer soen – 500.000 Lëtzeburger Frang. Ëmgerechent sinn dat 12.500 Euro. Haut ass dat Haus – ech soen elo, fir et ronn ze maachen – ronn 600.000 Euro wäert. Dat heescht, 48-mol méi wéi 1960. Dat ass eng Wäertsteigerung vu 4.800 %!

Elo ass et awer esou, dass wann ech dat Haus verkafen – wat jo u sech eng gutt Saach ass, well domat gëtt jo och weider Logement geschaaft –, da ginn ech op där Plus-value besteiert an do besteet e

Korrekturmechanismus, e sougenannte „coefficient de réévaluation“. Dëse Koeffizient dréit awer null der reeller Präisentwécklung op dem Immobiliemarché Rechnung. Gekuckt gëtt dem Gesetz no d'Entwécklung vum Indice des prix à la consommation, dat heescht, den normale Verbraucherindex.

Vun 1960 bis elo huet sech den Index vu ronn 131 op iwwer 900 gesteigert. Dat ass also eng Versiweifachung. Awer op där anerer Säit ass et eng Veraachtavéierzefachung vum dem Wäert vun der Immobilie. Do entsteet deemno iwwert d'Joren en zolidd Ongläichgewicht, dat oft fir déi Leit, déi betraff sinn, absolut net novollzéibar ass.

De Mechanismus vun de Koeffizienter gouf fir de präzise Fall vun der Plus-value-Besteuerung 1978 an eis Steiergesetzgebung ageschriwwen, iwwregens vum kierzlech verstuerwenen deemolege Finanzminister Jacques Poos.

Meng Froen un d'Finanzministesch sinn der véier: Wéi bewäert d'Madamm Finanzministesch den aktuelle Reevaluatiounsmechanismus, deen also zu enger Diskrepanz féiert zwëschen der – ech soen emol – 48-moleger Wäertsteigerung, déi et reell ass, an der nëmmen 7-moleger Reevaluatioun, déi d'Gesetz virgesäit, wat dann natierlech zu grouse Plus-valuen an och zu grouse Steierbelaaschtungen vun de Leit féiert? Ass eng Adaptatioun all zwee Joer un d'Vebraucherpräisevolutioun nach ëmmer ugemoozt? Gedenkt d'Madamm Finanzministesch, op dësem Punkt nozebesseren? A wéi steet d'Regierung zu engem Eropsetze vum Delai vun aktuell zwee op fënnf Joer, fir vum Demi-taux global bei der Plus-value-Besteuerung kënnen ze profitéieren?

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Roth. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** | Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, villmools merci un den Deputéierte Roth fir dës Fro. Et ass eng relativ technesch Matière, déi een eventuell och hätt kënnen fir d'ëischte Kéier an enger Kommissioun vläicht abordéieren. Ech sinn natierlech och ganz frou, dat an deem heite Kontext ze abordéieren. Mir wäerten an engem Mount eng gréisser Diskussioun hunn am Kader vum Steuerdebat. Dat ass vläicht eng vun deene Saachen, op déi een iwwert déi nächst Wochen a Méint och kann zrëckkommen.

Dir hutt et gesot: De Legislature huet am Joer 1978 eng Adaptatioun virgeholl, fir dass een déi monetär Plus-value, déi duerch d'Inflatioun generéiert ginn ass, net versteiere muss. D'Iddi vum Legislature war also, dass de Steierzueler nëmmen op der reeller, also der inflatiounsberengenger Plus-value soll besteiert ginn.

D'Koeffizienter sinn all zwee Joer am Kader vum Budgetgesetz aktualiséiert ginn, fir effektiv der Inflatioun Rechnung ze droen. D'Regierung Juncker wéi och mäi Predecesseur, déi hunn dee System och weidergefouert, fir all zwee Joer eng Adaptatioun virzehuelen.

Firwat all zwee Joer? Bon, ech mengen, mat der déiwer Inflatioun iwwert déi lescht Joren war do ni wierklech e Besoin, fir dat méi oft ze maachen. Ech mengen, dat ass och en Thema. Vu dass haut d'Inflatioun och esou ass, wéi se ass, a mer net wëssen, a wéi eng Richtung d'Evolution geet, mee wou mer et eis awer kënnen virstellen, kéint een natierlech och driwwer nodenken, ob et sënnavoll wär, dat vläicht méi reegelméisseg ze maachen an enger Situatioun

vun Evolutioun vun der Inflatoun, esou wéi mer dat kennen. Ech mengen, dat ass eppes, wat ee ka suivéieren.

Dir hutt mech dann och gefrot, ob déi zwee Joer uge-mooss sinn. Do hunn ech elo drop geäntwert. Ech mengen, méi héich oder manner héich Besteuerung ... Et ass e bëssen eng komplizéiert Saach. Mir wëssen net, wéi een Impakt hei eng Ännerung wierklech op d'Offer wäert hunn. Wa mer eng Plus-value manner héich géife besteieren, géif dat e weideren Incentive duerstellen, fir an de Steen ze investéieren. An ech mengen, dat géif dann och weider d'Präisser driewen. Dat ass net onbedéngt dat, wat mer wëllen.

Wa mer eng Plus-value méi héich géife besteieren, heescht dat, d'Leit missten dann natierlech méi Steieren op d'Plus-value bezuelen, déi den Immeubel iwwert déi Joren dann och krut. Dat kéint effektiv d'Leit dovunner ofhalen, eppes just mam Zil ze kafen, et no enger Rei vu Jore mat Plus-value nees ze verkafen. Esou Operatioune géifen da manner interessant ginn.

Op där anerer Säit kéint een awer och – an Dir hutt et mentionéiert – Leit, déi zum Beispill eppes geierft hunn, dovunner ofhalen, et op de Marché ze ginn. Dat heescht, déi géifen dat dann éischter verlounen.

Ech mengen, an där heiten Diskussioun oder an deenen heite Sujeten, déi ganz wichteg sinn an déi Der hei opwerft, verschléissen ech mech kenger Diskussioun. Wéi gesot, et ass eng Matière, do kann een an déi eng an an déi aner Richtung argumentéieren, well mer effektiv net wëssen, wat den Impakt dann effektiv op d'Offer ass, jee nodeem, wat een do decidéiert. Mee ech sinn op alle Fall prett, fir mat Iech weider dodriwwer ze diskutéieren fir ze kucken, wat hei wierklech déi richteg Decisioun ass, fir dass mer och dat bewierken, wat mer wëlle bewierken.

Well ech mengen, et si wierklech zwee Objektiv, déi mer mussen am Kapp behalen. Dat eent ass effektiv eng fair Besteuerung vun de Plus-valuen an eng Besteuerung, déi d'Spekulatioun an de Steen net weider encouragéiert an der Situatioun, wou mer haut sinn, mee effektiv d'Offer um Marché da soll méi grouss maachen. An ech mengen, do sinn natierlech aner Dossieren an aner Mesure wéi déi hei, déi do och musse gräifen.

Mee, wéi gesot, ech si prett, fir mat Iech iwwer Är Propositionen ze schwätzen an dann ze kucken, wat da wierklech och hei Sënn mécht am Interêt de la cause.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

#### 4. Question élargie n° 150 de M. Laurent Mosar au sujet de la compétitivité de la place financière du Luxembourg

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 150 vum Här Laurent Mosar iwwert d'Kompetitivitéit vun der Lëtzebuerger Finanzplaz. Och hei sinn d'Reegelen déi selwecht: fënnf Minutte fir de Frosteller, zéng Minutte fir d'Regierung. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Finanzministesch, de Sujet vun der Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz beschäftegt eis de Mëtten net fir d'Éischt a sécherlech och net fir d'lescht. Ech hat och schonn e puermol d'Regierung heizou befrot an ech hunn eigentlech de Mëtteg fënnf Grënn derfir, dass ech

dee Punkt nach eng Kéier wollt iwwer eng Question élargie op den Ordre du jour setzen.

Deen éischte Punkt ass, dass virun enger Rei vun Deeg a Wochen, „wie alle Jahre wieder“, de Global Financial Centres Index erauskomm ass. Ech hunn dat och schonn e puermol hei op der Tribün gesot: Ech si kee Fetischist vun allméiglechen Hitparaden an Indexen, mee trotzdem mengen ech, dass een déi Indexen awer muss eescht huelen. An dat heiten ass elo ee vun deene ganz wichtegen internationalen Indexen. An duerfir wollt ech awer trotzdem eng Kéier dodrop zrëckkommen.

Et gëtt och eng Ursach: Et ass elo fir d'zweet, Madamm Finanzministesch, wou mer an deem Index Plaze verléieren. Dat war schonn d'lescht Joer de Fall, dass d'lescht Joer de Fall. Mir sinn elo als Finanzplaz weltwäit nach op der 27. Plaz. Mir sinn an Europa nach just op der 9. Plaz an an der Europäescher Unioun – an ech mengen, dass war an de leschte Joren nach ni do – si mer emol net méi ënnert den Top Five.

Mir ware während laange Jore ëmmer Nummer 1 vun de Bankeplazen an der Europäescher Unioun. Elo si mer, wéi gesot, just nach 6. An do sinn awer elo eng Rei Stied virun eis. Ech nennen hei just eng Stad – dass ass zwar elo net an der Unioun, mee dat ass Edinburgh –, déi ewell virun eis ass. Dass ass keng esou eng bekannte Bankeplaz. A wann esou eng Plaz virun engem läit, da muss ee sech trotzdem awer eng Rei vu Froe stellen.

En zweete Grond – an dat hunn ech och schonn déi eng oder aner Kéier hei opgeléicht, ech hunn awer ni ganz kloer Äntwerte kritt –, ass déi Tendenz, déi een am Moment gesäit, dass ëmmer méi Filiale vun auslännesche Banken, déi mer hei op der Plaz hunn, sech a Succursallen transforméieren, mat der Konsequenz, dass eng ganz Rei vun Aktivitéiten hei am Land ofgezu ginn, wat natierlech net gutt ass fir déi Banken, wat awer och net gutt ass fir d'Aktivitéiten am Finanzberäich generell hei bei eis am Land.

En drëtten Problem ass och e gutt bekannten. Dass ass deen, dass et ëmmer méi schwier gëtt, kompetent Mataarbechterinnen a Mataarbechter an de Finanzsecteur ze kréien. D'Konkurrenz ass natierlech riseg an der Europäescher Unioun. An och do si mer amgaangen, relativ vill Plazen ze verléieren par rapport zu anere Stied.

Dann e véierte Punkt, dass ass och keen neien. Dass ass deen vun der Iwwerregulatioun, mat deem d'Banken an der Europäescher Unioun ze kämpfen hunn. Ech hunn dat och schonn e puermol hei gesot: Wann et fir Normalstierflecher ëmmer méi schwéier gëtt, e Bankkont opzemaachen, zielt dat natierlech och fir Entreprises, déi zum Deel heiansdo vu méi wäit kommen, fir sech hei niddierzeloossen.

An dann dee leschte Punkt, „last but not least“, dass ass deen ominéise Level-Playingfield, deen ëmmer méi defavorabel gëtt fir d'Europäesch Unioun, awer natierlech duerfir och fir Lëtzebuerg. An et ass am Moment genau dat amgaang ze passéieren, wat ganz vill Leit och gesot hunn a virun deem ganz vill Leit och gewarnt hunn – an ech gehéieren zu deenen –, wéi mer de Brexit kritt hunn, dass d'UK an d'Finanzplaz London géifen natierlech versichen, hei eng ganz Rei vun Aktivitéiten ewechzréien. An dat schéngt manifestement och am Moment amgaange sinn ze geléngen an dat ass wierklech eppes, wat eis muss ganz seriö Suerge maachen. An ech hu schonn e puermol déi Fro hei opgeworf, ob een net och emol misst eng Kéier um Niveau vun der Europäescher Unioun awer soen: „Esou geet et net méi! Mir sinn amgaangen, hei Schlappen an Huesen ze verléieren, besonnesch vis-à-vis vun deene Länner vun der OECD!“

Duerfir wëllt ech Iech da véier ganz prezis Froe stellen a fir d'alleréischte natierlech Är Appreciatioun och héiere par rapport zu deem Index.

Ech wollt awer just och nach derbäi soen: Op engem Punkt sti mer gutt do – dass wollt ech awer och hei ennersträichen, ech hat et vergiess –, dass ass, wat Green Finance betrëfft. Mee och do sinn ech der Meinung, dass mer nach vill méi kéinte maachen, wa mer méi steierlech Incitativ géife ginn.

Dann natierlech déi zweet ganz wichteg Fro: Wéi wëllt d'Regierung deem Manktem u kompetente Mataarbechterinnen a Mataarbechter entgéintwierken? Dass ass e ganz wichteg Punkt.

Dann déi drëtt – ech hunn et virdu gesot –: Envisagéieren d'Regierung a besonnesch d'Finanzministesch net vläicht och, emol eng Kéier um Niveau vun der Bréisseler Kommissioun eng Initiativ ze huelen, dass mer do awer vläicht eng Kéier an den nächste Méint eng Brems aleen?

An da véiert a lescht Fro: Gesäit d'Finanzministesch och, dass dee Level-Playingfield amgaangen ass, sech net nëmme en défaveur vun der Europäescher Unioun, mee besonnesch vis-à-vis vu Lëtzebuerg ze entwéckelen?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Villmools merci. Wéi laang hunn ech Zäit? Zéng Minutten?

**M. Fernand Etgen**, Président | Zéng Minutten.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Et waren eng ganz Rei vu Froen, wou ech, mengen ech, bal eng Stonn bräicht, fir kënne richteg drop ze äntweren. Ech probéieren, dass awer dann an zéng Minutten hinzezéien.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Et waren der nëmme véier.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Also, de GFIC, wéi gesot, dass ass dann elo zweemol am Joer, wou deen erauskënnit vun engem Londoner Thinktank, deen dee verëffentlecht. Op Basis vun der rezenter Editioun stellt Der dann d'Fro, ob d'Attraktivitéit vun der Finanzplaz gelidden huet, well mer dann effektiv an deem Ranking e bëssen zrëckgaangen an haut op der 27. Plaz vun 119 Stied sinn.

Dat Éischt, wat ech dozou wëll soen, ass, dass natierlech faktuell eis Finanzplaz sech elo net an deene leschte puer Méint, säitdem och mäi Virgänger hei geschwat huet, deen Der effektiv och zu där selwechter Fro interrogéiert hutt, verschlechtert huet objektiv.

Ech mengen, au contraire: Ech hat elo an deene leschte puer Wochen d'Geleeënheet, doruechter ze reesen, och op Madrid an op London. An do gesäit een éischter d'Tendenz, dass d'Aktivitéiten zu Lëtzebuerg net nëmme gestärkt ginn, och vun den Acteuren, mat deenen ech do konnt an den Headquarters schwätzen, mee dass se effektiv och Pläng hunn, fir sech op eiser Finanzplaz auszubreeden.

Mäi Virgänger huet et zwar déi leschte Kéier, wou hien dann zu deem Sujet hei stoung, a senger Äntwert – ech mengen, dass war am November – ennerstrach, mee ech mengen, ech soen awer gären och nach eng Kéier e puer Wierder iwwert de Ranking selwer, well ech mengen, dass erkläert trotzdem verschidde Saachen.



Well et muss ee wëssen, dass dëse Ranking sech op där enger Säit op qualitative Questionnaire baséiert, wou Professioneller aus dem Finanzsektor aner Finanzplaz bewäerten, an op där anerer Säit op éischter quantitative Facteuren, déi sech dann op méi wéi 100 bestoend Etüden an aner Indexen a Rankinge bezéien.

Dat Éischt, wat ech awer heizou wëll soen, ass, dass d'Acteure vun anere Finanzplazen eis Finanzplaz Lëtzebuerg ganz héich aschätzen. Op aachter Plaz am Ranking si mer do effektiv och viru London.

Wat déi quantitativ Facteuren ugeet, muss ee wëssen, dass d'Methodologie vun deem Ranking net onbedéngt zu eisem Virdeel ass. Et ass e Fait, dass hei als Base ganz vill Rankingen an Etüde benotzt ginn, wou Lëtzebuerg emol iwwerhaupt net dra virkënnt, och anerer, déi et entre-temps emol iwwerhaupt net méi gëtt, well se diskreditéiert sinn oder ofgeschaaft gi sinn. An effektiv, an engem Drëttel oder esou vun deenen Etüde kënnt Lëtzebuerg emol iwwerhaupt net dra vir.

Dat heescht, wann dat dann alles zesummegeesat gëtt ... Bon, ech mengen, dat ass dann esou, wéi et ass, mee et hëlleft dann natierlech net onbedéngt, dass eise Ranking do soll dovunner profitéieren. Dat ass also éischter e strukturelle Problem a seet net weider vill aus iwwert d'Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz als solch.

Duerch seng Methodologie ass dee Ranking virun allem och relativ volatil. Verschidde Stied, déi sinn dann ëmmer relativ héich oder op den éischte puer Plazen a méi konstant.

Ech mengen, wat Lëtzebuerg ugeet, ass dat éischter esou wéi eng Achterbunn. Do beweege mer eis zwësche Plaz 30 a Plaz 12. Mee wat weénege geännert huet awer iwwert déi Joren, trotz der Achterbunn, ass, dass Lëtzebuerg awer konstant ëmmer an den Top Ten vun den europäesche Finanzplazen ass, ganz oft esouguer an den Top Five vun den EU-Finanzplazen.

Et gëtt natierlech och den New Global Financial Centres Index, dee kënnt Der Iech vläicht och eng Kéier ukucken. Dir hutt dat bestëmmt scho gemaach. Ech mengen, et ass deen, deen Der virdrun och mentionéiert hutt. Bon, do steet Lëtzebuerg dann e bëssen op enger anerer Plaz. Och mat all Respekt fir Stied wéi Washington, Dir hutt se mentionéiert, Edinburgh oder Guangzhou, déi och hei am GFCI viru Lëtzebuerg leien, mee dat si keng international Finanzplazen.

Dofir, dësen GFCI, mengen ech, huet scho seng Utilitéit, mee en huet awer och ganz kloer seng Limitten. A fir mech soll een do dat Resultat net iwwerinterpretéieren. An ech mengen, do si mir eis eens, Dir an ech: Mir sinn do keng Fetischisten, wéi Der selwer gesot hutt.

Wat mir am Fong méi wichteg ass, dat sinn déi Informatiounen, déi ech da vun der Industrie selwer kréien an och vun den Decideure vun der Plaz. Dofir hunn ech eebe regelméisseg Echange mat den Acteuren hei am Land an och an den Headquarters. Ech war, wéi gesot, rezent zu Stockholm, Madrid, London, wou ech justement dat maachen.

An ech si mer den Defie vun eiser Finanzplaz scho ganz bewusst. Ech kommen herno nach dorop zrëck. Mee et ass mer wichteg, fir awer hei trotzdeem e puer Saachen ze ënnersträichen, well et muss een net ëmmer alles negativ rieden, et muss een net ëmmer dat Schwaarzt an allem gesinn. Et gëtt och positiv Tendenzen an ech wëll der awer hei e puer opzielen.

Säit dem Brexit hunn eng 95 Entreprises aus dem Finanzsektor decidéiert, hir Aktivitéiten op Lëtzebuerg ze bréngen, auszebaue respektiv ze verleeën. An et

komme weider Acteuren derbäi. An de leschten zwee Joer hunn ënner anerem spuenesch, brittesch an och amerikanesch Acteuren nei Banken hei zu Lëtzebuerg opgemaach. D'lescht Joer hunn eis Regulateuren, d'CSSF an de Commissariat aux assurances, 77 nei Lizenze verginn, dorënner och ganz vill am alternative Fongebereich – e Secteur, deen natierlech och ganz staark wiisst.

Am Private Equity sinn d'Avoiren zu Lëtzebuerg ëm ronn 30 % geklommen. Ech mengen, dat ass och schonn e stolze Chiffer. Mëttlerweil si méi wéi 220 FinTech-Entreprises hei zu Lëtzebuerg, och e Chiffer, deen nach weider klëmmt. Insgesamt representéiert Lëtzebuerg méi wéi 40 % vun nohaltege Fongen an Europa. Ech mengen, dat ass och eis alleguerte ganz wichteg. Op eiser Bourse ass d'Zuel vu quotéierten nohaltegen Obligatiounen d'lescht Joer ëm ronn 50 % geklommen. Ech mengen, dat ass och eng extreem gutt Saach. An et muss een och ënnersträichen, dass d'Lëtzebuerger Gesetz ëmmer méi benotzt gëtt vun internationale Kapitalmäert, dorënner och rezent eeben déi gréisst gréng Obligatioun op der Welt, déi d'EU d'lescht Joer ënner Lëtzebuerger Droit emettéiert huet.

Wéi gesot, ech mengen, fir mech sinn déi puer Beispiller, déi ech elo hei ginn hunn, méi konkret Indicateure vun der Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz an net onbedéngt, ob mer an deem GFCI eng Plaz erop- oder erofginn.

Dir hutt mech da gefrot, wat d'Succursallen ugeet. Ech mengen, och dat ass en Deel vun enger méi genereller Ëmstrukturéierung innerhalb vu grouse Bankegruppen an Europa, op déi Lëtzebuerg relativ weénege Afloss huet an déi och net nëmme Lëtzebuerger Entitéiten betreffen. Dat féiert awer an deene meeschte Fäll net zum Ofbau vun Aktivitéiten oder zum Ofbau vu Personal zu Lëtzebuerg. Au contraire, mir hu vill Succursallen, déi weider zu Lëtzebuerg hir Aktivitéiten hunn, an déi och verstärkt.

Talent ass en Thema, dat a menge Gespréicher ëmmer nees opkënnt. Et ass eppes, wat ech perséinlech e bëssen als Prioritéit och gesi fir déi Mesuren an Aktivitéiten, déi ech maachen. Ech mengen, fir Talenter opzebauen an unzézéien, do kann ee ganz vill Saachen nach maachen. Deelweis schaffe mer do och schonn drun, ob dat elo ass a Relatioun mat eiser Uni zum Beispill, fir do Talenter mat ze forméieren op all eisen – wéi nennt een dat, ech soen Ausflich – Aktivitéiten, déi mer mat Luxembourg fir Finance zum Beispill och am Ausland maachen. Do probéiere mer elo systematesch, ëmmer e Volet „Uni“ och am Ausland mat anzebauen. Ech war och selwer nach rezent op esou enger Uni. Wéi gesot, LFF mécht dat och, fir justement dee Kontakt och mat Jonken ze hunn, mat neien Talenter, déi vläicht dann nach e bësse méi „out of the box“ kënnen denken, fir déi op d'Lëtzebuerger Finanzplaz opmierksam ze maachen a fir do déi richtig Connections eeben opzebauen.

Doriwwer eraus sinn ech natierlech och amgaangen, mer Gedanken ze maachen, wéi een am fiskalen Domän vläicht nach kann déi eng oder aner Mesure emol envisagéieren, fir esou Talenter net nëmme vläicht unzézéien, mee op d'mannst och heizhalen, well et ass net nëmme d'Unzéien, et ass och d'Heizhalen.

Dann hutt Der mech gefrot iwwert d'Iwwerreglementatioun. Ech mengen, dat ass effektiv e rekurrente Sujet. Dat ass och e Sujet, deen ... Pardon.

*(Interruption)*

... eng Realitéit, déi ech ganz no gesinn, well ech eeben, och ier ech Minister war, ganz vill an EU-Reuniounen derbäi war, wou déi Saachen eeben negociéiert ginn. An ech mengen, Dir wësst et: Hei si mer

an enger Reglementatioun haaptsächlech am Kontext vun der EU, heiansdo doriwwer eraus, mee meeschtens awer EU, soudass do eis Marge déi ass, déi se ass, déi mer gutt ausnotzen a schaffen, fir Texter esou ze negociéieren, dass se fir eis utile sinn. Wéi gesot, do ass d'Marge awer limitéiert.

Et muss een och net soen, dass all Reglementatioun elo schlecht ass. Ech mengen, mir setzen eis derfir an, dass d'Reglementatioun déi richtig ass fir Europa a fir Lëtzebuerg. A verschidde Reglementatiounen, do ass et gutt, dass et déi gëtt, haaptsächlech déi, déi „forward looking“ sinn, wou mer eis fir d'Zukunft opstellen, ob dat elo fir Krypto ass, ob dat fir nohaltege Aktivitéiten ass, dass mer eis do wierklech zukunftsorientéiert opstellen. Do ass et gutt, wa mer Reglementatiounen hunn. Iwwerreglementatioun wëlle mer net a Reglementatioun bei deene falsche Saache wëlle mer och net. An do setzen ech mech dann natierlech an deene Reuniounen, zesumme mat menge Mataarbechter, op allen Niveauen derfir an, dass mer keng schlecht Iwwerreglementatioun hunn.

Level-Playingfield, ech mengen, dat ass och e Sujet. Op där enger Säit musse mer kucken, dass mer innerhalb vun der EU e Marché intérieur hunn, dee fonctionéiert, op deem alles, wat mir hei maachen, am Ekonomesche wierklech och opgebaut ass. An op där anerer Säit däreffe mer och keng „Fortress Europe“ bauen, wat och net an eisem Interêt ass. An an all déi Diskussiounen fléisst natierlech och dee faméise Level-Playingfield an. Ech mengen, dat ass eng Terminologie an e Konzept, wou ech mech natierlech derfir asetzen, wat am Interêt vun eisem Land ass an haaptsächlech vun eiser Finanzplaz.

Ech hu keng Anung, wéi laang ech elo geschwat hunn.

**M. Fernand Etgen, Président | 12 Minutte 37.**

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances |** Ech mengen, ech hätt op all Är Froe geäntwert. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci der Finanzministesch. Mee den Här Mosar huet nach eng Zousazfro, obschonnns datt en awer seng Zäit och virdrun iwwerschratt hat, an och wäit iwwerschratt hat.

**M. Laurent Mosar (CSV) |** Awer keng weénege, Här President.

**M. Fernand Etgen, Président |** Nee, net esou wéineg, wéi Der eis elo wëllt gleewen dinn.

**M. Laurent Mosar (CSV) |** Dir sidd jo ëmmer streng a gerecht, Här President. Duerfir mengen ech, kann ech hei roueg nach eng kleng Zousazfro ... Nee, ech kéint ganz vill soen, ech wollt awer just op ee Punkt agoen, dat ass dee vum Level-Playingfield a vun der Compliance. Ech hat nämlech duerch Zoufall gëschter eng Persoun begéint, déi vill am Finanzsektor ass, an déi huet mir do eng ganz flott Geschicht erzielt.

Wann een op London kënnt als Lëtzebuerger oder als Resident vu Lëtzebuerg an et wëllt een do e Kont opmaachen, da geet een op déi éischt englesch Bank, an da gëtt een do an e flotte Büro gesat, et kritt een eng Cup of tea dohinnes gesat, et féllt ee seng Formularen aus, an an annerhallwer Stonn huet ee säi Kont op. Wann Der dat hei wëllt zu Lëtzebuerg praktizéieren, kritt Der mol kee Rendez-vous, an Dir mierkt, datt dem Lëtzebuergeresche Banquier schonn d'Knée schlotteren, ier Der bei e gitt.

Ech mengen, dat ass einfach eng Realitéit! Dat ass eng Realitéit, déi dierfe mer wierklech net ënnerschätzen, Madamm Minister.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert zrëck un d'Madamm Finanzministesch.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Ech verstinn déi Problematik ganz, ganz gutt. Ech mengen, Dir wësst, dass mer och hei vun enger Politique commerciale schwätze vun de Banken. Déi eng, déi hu vläicht méi e Risikoappetit wéi déi aner. An ech mengen, do ass et elo schwéier fir eng Regierung, fir enger Bank an deem Sënn do Instruktiounen ze ginn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Finanzministesch.

## 5. 8000A – Projet de loi portant transposition de certaines mesures prévues par l'« Accord entre le Gouvernement et l'Union des Entreprises luxembourgeoises et les organisations syndicales LCGB et CGFP » du 31 mars 2022 et modifiant :

1<sup>o</sup> le Code de la sécurité sociale ;

2<sup>o</sup> le titre I<sup>er</sup> de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

3<sup>o</sup> la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

4<sup>o</sup> la loi modifiée du 24 juillet 2014 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures ;

5<sup>o</sup> l'article 3, paragraphe 7, de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

6<sup>o</sup> la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant modification 1. du Code de la sécurité sociale ; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, et abrogeant la loi modifiée du 21 décembre 2007 concernant le boni pour enfant ;

7<sup>o</sup> la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten, dem Projet de loi 8000A iwwert d'Ëmsetze vun den Decisiounen aus dem Tripartite-Accord. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här André Bauler, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Myriam Cecchetti, den Här Sven Clement an den Här Dan Kersch. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, léif Nolauschterer do uewen op der Tribün, duerch déi aktuell Energiekris an déi héich Inflation stinn Existenzen an Aarbechtsplazen um Spill. Dees waren och alleguer d'Parteien, déi bei der Tripartite derbäi waren, sech bewusst. Et gouf e Konsens op deem Punkt. De Kafkraaftverloscht vun de Stéit, besonnesch vun de Leit mat klengen a mëttleren Akommissen, ass reell.

Och eis Betriber kréien déi zousätzlech Kris hei ze spieren a maache sech Suerger, net nëmmen ëm hir Existenz, mee och ëm d'Zukunft vun hire Mataarbechter. D'Regierung huet duerfir en historesche Pak op den Dësch geluecht, e Pak, dee vun der Majoritéit vun de Sozialpartner gedroe gëtt an deem am Ganzen eng Envergure vun iwwer 850 Milliounen huet.

Dës Solidaritéitspak soll eis hëllefen, duerch dës Kris ze kommen an och sécherstellen, dass mir dës Kris

notzen, fir déi energeetesche Transitioun nach weider unzekuerbelen. D'Solidaritéit ass a muss och an Zukunft de Leitfuedem an der Situatioun sinn, an där mer grad sinn. Ech mengen, mir sinn eis heibannen alleguer eens, dass mer elo mussen handeln, fir de Leit an de Betriber duerch dës Kris ze hëllefen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dës Projet de loi, deem ech Iech elo wäert virstellen, huet als Zil, de Gros vun de Mesuren aus dem Solidaritéitspak ëmzesetzen, deem d'Regierung den 13. Mäerz (veullez lire: den 31. Mäerz) mat de Sozialpartner ënnerschriwwen huet.

Ech widderhuelen nach eemol hei déi verschidde Mesuren. Fir d'ëischt zielen ech Iech déi op, déi net an deem Gesetz sinn an awer schonn um Instanzeweese sinn, entweeder well se iwwer Règlements grand-ducaux gereegelt gi sinn oder a verschiddene Kommissiounen wéi der Commission Tripartite traitéiert ginn. Verschiddener si schonn a Kraaft.

Dat ëischt war déi temporär Reduktioun vu 5,7 Cent (veullez lire: 7,5 Cent) um Bensinn, um Diesel an um Masutt, dës Measure ass jo schonn a Kraaft; dann eng cibléiert Hëllef fir Entrepreneuren, déi besonnesch héich Energiekäschten hunn; e Régime d'aides, mat deem de Staat d'Garantie gëtt, fir dass d'Entrepreneuren, déi Liquiditéitsproblemer hunn, e Prêt kënnen ophuelen; e Régime d'aides, deem en Deel vun de Käschten iwwerhëlt, déi duerch den europäeschen ETS-System entstinn; d'Erhéije vun der PRIME House fir déi energeetesche Sanéierung; an och d'Erhéijung vun der Subvention loyer. Dës Mesurë sinn, wéi gesot, alleguer schonn um Instanzeweese.

An da kommen ech zu deene Mesuren, déi mer mat deem Projet de loi, mam Projet de loi vun haut de Mëtteg, wellen ëmsetzen.

Dat ëischt wär d'Verréckele vun der nächster Indextranche, déi jo warscheinlech schonn am Juli declenchéiert gëtt, op den 1. Abrëll 2023. Gläichzäiteg gëtt en neie Steierkredit, e Steierkredit Energie agefouert, deem de Menagé mat niddregem a mëttlerem Akommes hire Kafkraaftverloscht kompenséiert, voire iwwerkompenséiert. Dës Steierkredit ass fir Salaréien, Independanten, Pensionnairen, awer och fir d'Léiermeedercher an d'Léierbouwen, déi e Revenu d'apprentissage kréien.

Nom selwechte Prinzip kréien och allegueren déi Leit, déi de REVIS hunn oder den RPGH, de Revenu pour personnes gravement handicapées, en Équivalent crédit d'impôt.

Och eis Studente leiden ënnert der Präisdeierecht an ënnert de Liwenskäschten an duerfir ginn an deem Projet de loi och verschidde Studiebahëllefen erhéicht.

Mir hate jo eréischt kierzlech d'Kannergeld erëm indexéiert, a fir dass d'Familien elo net sollen drënner leiden, dass eng Indextranche verréckelt gëtt, féiere mer en neie System an, déi sougenannten „échelle mobile des allocations familiales“, kuerz EMAF, sou dass d'Indexéiere vum Kannergeld net verréckelt gëtt.

An zu gudder Lescht, déi lescht Measure, déi mer an deem Projet wellen ëmsetzen, dat ass en temporäre Gel vun de Loyereren, an dat bis den 31. Dezember 2022.

Et muss ee soen, dass ursprénglech geplangt war, allegueren déi Mesuren, déi de Logement concerneréieren, och mat an deem Projet de loi ëmzesetzen. Mee op d'Urode vum Staatsrot, an och, well am Deel iwwert de Logement eng Rei Opposition-formellen drastoungen, huet d'Kommissioun decidéiert, de Projet an zwee ze deelen an alles, wat Logement ass, erauszehuelen, e separat Gesetz ze maachen, an

dat ass de Projet de loi 8000B, deem elo an der Logementskommissioun traitéiert gëtt.

Wat wäerten eis déi Mesuren, déi mer mat deem heite Projet de Mëtten ëmsetzen, kaschten? An der aktualiséierter Fiche financière – well mir kruten eng aktualiséiert Fiche financière, well jo probablen ee Mount méi fréi schonn déi Indextranche erfält – kann een erausliesen, dass de Crédit d'impôt énergie, den Équivalent crédit d'impôt, d'Studentebahëllefen an d'Netverréckele vun der Indexéierung vum Kannergeld 530 Milliounen wäerte kaschten.

Ech ginn eng Kéier ganz kuerz an den Detail. De Crédit d'impôt dëst Joer: 330 Milliounen, de Crédit d'impôt d'nächst Joer: 165 Milliounen, den Non-décadage vum Kannergeld: 18 Milliounen, den Équivalent crédit d'impôt fir de REVIS an den RPGH: 7,7 Milliounen an d'Studentebourssen: 10 Milliounen. Dat mécht, wéi gesot, 530.775.000 Euro.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll nach eemol kuerz op de Steierkredit agoen, dee mer mat deem Gesetzesprojet aféieren. Et ass nämlech fir d'ëischt hei zu Lëtzebuerger, wou d'Stéit esou eng cibléiert Kompensatioun kréien, wann eng Indextranche verréckelt gëtt.

Ech ginn Iech e puer Rechebeispiller: Eng Persoun mat engem onqualifizéierte Mindestloun, déi an der Steierklass 1A läit, kritt e Steierkredit vu 84 Euro. An dat sinn 41 Euro a 76 Cent méi, wéi wa se den Index ausbezuelt kritt hätt.

En anert Beispill: Eng monoparental Famill, also si mer hei an der Steierklass 1A, mat engem Akommes vu 4.200 brutto kritt 29 Euro a 16 Cent méi, wéi wann den Index ausbezuelt gi wär.

Huele mer och elo nach eng Koppel an der Steierklass 2, déi zu zwee schaffe ginn. Ech huelen e Beispill: Deen ee verdéngt 3.000 Euro brutto, deem aneren 3.500 Euro brutto, also dee Stot huet zesummen elo 43 Euro an 73 Cent méi, wéi wann eng Indextranche ausbezuelt gi wär.

Dir gesitt also, an dat, mengen ech, war ganz wichteg, dass bei deenen ënneschten Akommissen et sech wierklech ëm eng Iwwerkompenséierung par rapport zum Indexmechanismus handelt. D'Leit kréie méi, wéi wann den Index erfällt wär. Dobäi kënn och nach, dass de Steierkredit cash an d'Täsch geet. De Steierkredit ass steierfräi am Géigesaz zu deene Suen, déi een op der Pai bäikritt, wann eng Indextranche erfält.

Heibäi muss een och nach preziséieren, dass de Statoc de Kafkraaftverloscht pro Stot gerechent huet, den neie Steierkredit awer de Kafkraaftverloscht pro Salaré, Independant, Pensionnaire oder Léierbouv oder Léiermeedche kompenséiert.

An dann halen ech op mat den Zuelen, well ech mengen, mir kéinten eis elo dee ganze Mëtteg mat Zuelen ameséieren. Ech wollt Iech awer soen, dass Gehälter tëschent 936 Euro a 44.000 Euro brut pro Joer e Crédit d'impôt kréie vu 84 Euro de Mount, tëschent 44.001 an 68.000 Euro brutto pro Joer mindestens 76 Euro pro Mount, an ab 68.001 Euro geet dee Steierkredit da progressiv erof bis bei e Joresakommes vun 100.000 Euro.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëllt awer och nach eng Kéier e puer Saache kloerstellen. Et ass déi lescht Wochen e puermol gesot ginn, dass mer duerch den Amendement, dee mer gestëmmt hunn, den Tripartite-Accord net méi géife ganz ëmsetzen. Dat ass awer falsch. Den Accord gesäit vir, dass maximal eng Indextranche pro zweielef Méint erfält, an dat setze mer mat deem Projet och ëm, well de Projet jo leeft bis den 1. Abrëll.



Den Accord gesäit och vir, dass de Report vun enger Tranche kompenséiert gëtt. Och dat setze mer mat dësem Projet de loi ëm.

Den Accord gesäit och vir, dass, wann d'Situatioun sech weider géif verschlechteren a wa weider Indextranché géifen ufalen, d'Sozialpartner sech nach eng Kéier géife mat der Regierung un den Dësch setzen. Dat steet net am Projet de loi, well een dat tel quel och net kann an e Projet de loi eraschreiwen. Mee ech mengen, et ass eng Evidenz an et entsprécht och dem Avis vum Accord. D'Regierung huet sech engagéiert an ech si fess iwwerzeegt, dass, falls déi Situatioun sollt antrieden, d'Regierung och hiert Versprache wäert anhalen.

Wann d'Situatioun sech an den nächste Méint also net verbessert, da wäert de Premier d'Sozialpartner erëm zesummeruffen a si wäerten dann an enger weiderer Tripartite decidéieren, wat mat deenen zousätzlechen Indextranché geschitt an och, wéi déi dann, le cas échéant, kënne kompenséiert ginn. A wann dës Detailler da bis feststinn, da wäerte mir – do ginn ech mol dervun aus – an der Commission spéciale « Tripartite » en neie Gesetzesprojet op den Dësch kréien, deen zesumme behandelen, en ëmsetzen an dann natierlech och hei an der Chamber diskutéieren.

Här President, zwëschenzäitlech hat dës Projet de loi virgesinn, dass, wa méi wéi zwou Indextranché bis den 1. Abrëll géifen erfalen, déi alleguerten zesummen op den 1. Abrëll 2024 géifen ausbezuelet ginn. Dat kéinten der dann, wann d'Inflatioun déi nächst Joren héich bleiw, an engem seriösen Zenario zwou bis dräi sinn.

An der Kommissioun ware mer eis eens, an och nodeems mer d'Berufskummeren héieren haten, dass dee Cas de figure fir kee wëschenswäert wär. Ech muss Iech éierlech soen, et ass nach laang bis den Abrëll 2024 a kee weess – keen heibannen an och ganz, ganz wéineg Leit dobaussen, weeder hei am Land nach am Ausland – wéi et mat der Inflatioun weidergeet a wéi vill Indextranchen nach bis dohinner declenchéiert ginn. Déi aktuell Prognose rechnen op alle Fall weiderhin, souwuel zu Lëtzebuerg wéi och am Ausland, mat enger héijer Inflatioun, well mir liewen an ongewëssen Zäiten.

Wa mer Chance hunn, bleift et bei zwou Tranché bis 2024, deen Zenario, mat deem d'Partner och gerechent haten, wéi se den Tripartite-Accord ënnerschriwwen hunn. Wann et awer méi schlëmm kënnt, da kënnt, wéi gesot, d'Tripartite nees zesummen an da gëtt decidéiert, wat dann, le moment venu, geschitt.

Op jidde Fall hu mir et an der Spezialkommissioun fir richtig fonnt, elo emol dat an de Gesetzestext ze schreiwen, wat mer wëssen, dat heescht, déi Indextranche, déi elo wäert verréckelt gi bis op den 1. Abrëll 2023, mat de Kompensatiounen respektiv den Iwwerkompensatiounen.

Mir hätten et net fir richtig fonnt, fir Ramebedingungen an Detailler an och eng Fiche financière dranzeschreiwen, déi zu deem Moment net appropriéiert gewiescht wär a wou mer net hätte kënne mat enger relativer Sécherheet soen, wat bis 2024 geschitt a wat mer dann heibannen ëmsetzen. Dat wäerte mer dann an enger nächster Etapp maachen, falls dat sollt néi deginn.

Ech wëll awer och nach eng Kéier ganz kloer heibannen eppes soen, wat, mengen ech, de Gewerkschafte besonnen um Härz läit, an et ass vu ganz, ganz ville Säite gesot ginn: Et wäert keng Indextranche ewechfalen! All Indextranche, déi declenchéiert gëtt, déi wäert och in fine ausbezuelet ginn, egal, wéi vill dass der nach op eis duerkommen. Wéi gesot, dat ass am Moment ganz schwéier anzuschätzen, bis den 1.

Abrëll 2024 ass et elo kloer, dass tëscht all Tranche zwielef Méint leien. Dat brauche mer, fir de Betriber Loft ze ginn. An am Géigenzuch kréien d'Stëit finanziell Kompensatiounen. Dat wëll ech nach eng Kéier ganz kloer vun dëser Platz aus betounen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, wéi dës Projet de loi deposéiert gouf, hat ee mat engem Declenchement vun der nächster Tranche am August gerechent. Dorobber war d'Fiche financière och baséiert. Haut wësse mer, dass se mat allerhéchster Warscheinlechkeet scho wäert den nächste Mount fälleg ginn. Am Kloertext heescht dat, dass d'Kompensatioun, déi mer haut wëllen aféieren, schonn ee Mount éischter wäert gräifen an de Staat domadder Méikäschen huet. Konkreet sinn dat 55 Milliounen méi fir de Steierkredit an 800.000 Euro méi fir d'Ausbezuule vum Équivalent crédit d'impôt fir REVIS-Empfänger a fir Leit mat engem schwéieren Handicap.

Här President, ech mengen, ech hunn de Montant virdru genannt, esou Montanten hu mer net all Dag an der Chamber! Et handelt sech ëm wichteg Mesurë fir eis Stëit a fir eis Betriber. An do wonnert et net, dass d'Berufskummeren detailléiert Avisen derzou geschriwwen hunn. An d'Kommissioun huet decidéiert, an dat war eng ganz wichteg Decisioun, och alleguerten d'Kummere bei eis an d'Kommissioun ze invitéieren, wou se konnten in vivo, live, hiren Avis presentéieren a wou och d'Deputéiert konnten hir Froe stellen. Ech mengen, dass dat eng ganz, ganz richtig Decisioun war, dat esou ze maachen.

Ech picken Iech elo déi wichtegst Punkten aus den Avisen vun der Chambre des Métiers, der Chambre de Commerce, der Chambre des Salariés, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics a vun dem Staatsrot eraus. Fir d'Detailler vun dësen Avisen verweisen ech op de schrëftleche Rapport respektiv op déi jeeweileg Avisen selwer.

Ech fänken u mat der Staatsbeamtekummer. An hirem schrëftlechen Avis, awer och mëndlech, hu se eis matgedeelt, dass se den Accord net a Fro stellen an hannert deem Accord stinn, well dat wär eng Saach vun der Solidaritéit. Si begreifen och, dass déi ënnescht Salären iwwerkompenséiert ginn. Trotzdem stelle se e puer Froen a si üben och Kritik aus. Esou fanne se zum Beispill, dass de Steierkredit fir déi Leit mat engem mëttlere Verdéngscht net héich genuch wär. Si erënneren och un d'Engagement vun der Regierung, nees eng Tripartite anzeruffen, falls déi wirtschaftlech Situatioun sech sollt degradéieren, a si hätten dat och gär am Projet de loi stoe gehat. Dat konnte mer awer net maachen. An zum Schluss hu se nach eng Kéier ënnerstrach, dass keng Indextranche, déi declenchéiert gëtt, dierft ewechfalen.

D'Chambre des Salariés: Bei der Chambre des Salariés muss ee preziséieren, dass et zwee Avisen gouf, en Avis majoritaire, dee vun 41 vu 60 vun hire Membere gedroe gouf, an en Avis minoritaire, dee vun 19 Membere gedroe gouf. An der Kommissioun krute mer déi zwee Avisen virgestallt. An Dir kënnt Iech jo denken, dass deen een e bësse méi positiv ausgefall ass wéi deen aneren.

Fir d'éischt den Avis majoritaire, deen d'Presidentin vun der CSL, d'Madamm Nora Back, déi ech och ganz häerzlech hei bei eis de Mëtteg begreifen, virgestallt huet. Virop huet d'Chambre des Salariés de Projet de loi a senger Ganzheet rejetéiert. Fir si ass et eng Indexmanipulatioun, déi einfach ze hefteg ass an déi den Automatismus géif attackéieren, an domat wär e ganze System, deen de Garant vun soziale Fridde wär, a Fro gestallt. D'Mesurë wäeren ze déifgräifend an e Report vun den Indextranchen à durée indéterminée dierft net a Fro kommen. Zudeem fanne si, dass

wéinst de leschte Previsiounen vum Statec de Projet souwiesou obsoleet wär. Da fënnt d'Chambre des Salariés nach, dass de Steierkredit fir si keng reell Iwwerkompensatioun ass an och keen Ersatz fir den Index. Am Géigendeel, de Steierkredit hätt misse „on top“ vun der Indextranche kommen, fir de Kafkraaftverloscht vun de Menagen ze kompenséieren.

Den Avis minoritaire, deen eis vum Här Patrick Dury virgestallt ginn ass, dee war natierlech méi positiv, well en och d'Bild reflektéiert huet vun där Gewerkschaft, déi den Tripartite-Accord ënnerschriwwen huet. En bref sti si hannert dem Projet de loi, well e fir si eng Verlängerung vum Krisenmanagement ass vun der Regierung an awer och op der Solidaritéit baséiert.

Fir d'Chambre des Métiers war et besonnenescht wichtig, dass den Decalage vun zwielef Méint tëscht den zwou Indextranchen agefouert géif ginn. Dat géif den Entreprisë Previsibilitéit ginn. A se hunn eis och gesot, dass et fir hir Betriber schwéier drobar wär, wann zwou oder méi Indextranchen op den 1. Abrëll 2024 misse ausbezuelet ginn. An do misst dann och eng Solutioun mat de Sozialpartner fonnt ginn. Si approuvéieren de Steierkredit, well e sozial cibléiert ass, an och de Gel temporaire vum Loyer ass fir si ok. Par contre approuvéiere se net d'Aféierung vun engem neien Indexsystem fir d'Kannergeld, well deen net sozial gestaffelt wär.

Den Avis vun der Chambre de Commerce fält änlech aus. Och si approuvéieren de Projet de loi, well en d'Mesuren aus dem Accord, deen och mat der UEL ënnerschriwwen ginn ass, transposéiert. Si begreifen den neie Steierkredit, well e sozial gestaffelt ass a si begreifen och ganz besonnenescht, dass d'Indépendanten an dësem Projet hei net vergiess gi sinn. Si äusseren déi selwecht Kritik wéi d'Chambre des Métiers, wat d'Aféierung vum neien Indexéierungssystem fir d'Kannergeld ugeet, a si maache sech och Suergen, wann den 1. Abrëll 2024 multipel Indextranché misse ausbezuelet ginn. Do misst ee sech dann am Virfeld Gedanke maachen a sech mat de Sozialpartner an der Regierung nach eng Kéier zesummesetzen.

Wat de Conseil d'État ugeet, hunn ech Iech schonn ufangs gesot, dass et eng Rei Opposition-formelle gouf beim Conseil d'État iwwert déi Artikelen, déi de Logement betrëffen. An duerfir huet de Conseil d'État och gesot, mir sollen de Projet an zwee deelen. Si hu gemengt, et wier net gutt, wann een e Projet hätt, wou ee wierkelech alles, alles géif drapaken, dat géif et méi onlieserlech maachen. An an deem dote Punkt hu mer jo och dem Conseil d'État gefollegt. De Staatsrot huet och bemierkt, dass e Stot mat zwou Paie vun 3.000 Euro besser ewechkënnt wéi e Stot mat enger Pai vu 6.000 Euro, mee en huet awer keng Opposition formelle op deem dote Punkt gemaach.

Voilà, Kolleeginnen a Kolleegen, da wär ech um Schluss vun der Presentatioun vun dësem Projet de loi. Ech wëll awer net ophalen, ouni alleguerten deene Leit, déi an de Kommissiounen derbäi waren, an dat waren alleguer d'Beamte vun deene verschidene Ministère, Merci ze soen. Och de Kolleeginnen a Kolleegen hei aus der Chamber wëll ech Merci soen. Et ware mat Momenter mol méi hefteg Diskussiounen. Mir hunn awer och heiansdo ganz, ganz gutt gelaacht mateneen. An ech mengen, dat ass dat, wat ech op alle Fall wäert dovunner zréckbehalen.

Wat interessant war – et ass en Exercice, dee mer och net all Dag maachen, vläicht, well e Schoulmeester presidiéiert huet –: Dir hat als Fraktiounen an als Sensibilité-politiquen alleguer d'Méiglechkeet, fir schrëftlech Froen eranzeginn. Dat huet et natierlech méi einfach gemaach, fir am Prozess dann och de

Beamten d'Méiglecheet ze ginn, fir drop ze äntweren. Ech mengen, dass dat ganz, ganz gutt fonctionéiert huet.

A voilà, e ganz besonnesche Merci wëll ech engem ganz neie Mann an der Administratioun soen, dem Dan Schmit, deem hei Sekretär war an dee wierklech eng ganz, ganz gutt Aarbecht gemaach huet, grad ewéi mäi Fraktionsmataarbechter, de Gigo Lamesch.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, et ass wichteg, dass mer haut dëse Projet de loi stëmmen. E setzt déi elementar Mesuren ëm, déi d'Regierung zesumme mat de Sozialpartner ausgehandelt huet, fir an dëser schwiereger Zäit eis Betriber um Liewen ze halen an och d'Kafkraaft vun de Bierger ze stäerken.

Ech hunn e bëssen iwwerzunn, Dir verzeit mer dat, mee bei 530 Milliounen, mengen ech, do si véier Minutten driwwer näischt Schlëmmes. Merci villmools.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Rapporteur Gilles Baum.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Gilles Roth (CSV)** | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Staatsminister huet virun zwee an engem hallwe Mount op dëser Plaz d'Resultater vun dem Tripartite-Ofkommen virgestallt. D'CSV huet deemools kloer gesot: Mir soe jo zu dem Lëtzebuurger Sozialmodell, mir soe jo zur Tripartite, mir soe jo zum Index a mir soen och jo zu dësem Tripartite-Accord.

Abee, mir hunn och Wuert gehalen a mir hale Wuert. Mir hunn eis konstruktiv a konsequent an déi Aarbechten an an déi Debatt abruucht. An ech soen och am Numm vun eiser Partei, an dat ouni Schimmt, dass mer mat derzou bäigedroen hunn, dass de Gesetzesprojet, esou wéi en haut zur Ofstëmmung, virläit, besser ass a besser dem Tripartite-Ofkommen vun Enn März entsprécht, wéi déi ursprénglech Versioun vun der Regierung.

D'Regierung ass zréckgeruddert, jo, mee mir gesinn dat awer net als Schan. Eist Land, eis Wirtschaft, eis Betriber an ech mengen, och de Lëtzebuurger Sozialmodell, déi verdroe keng dräi oder méi Indextranchen op engem Dag. An de Lëtzebuurger Sozialmodell verlaangt, dass wann et dem Land net gutt geet, wann et schwiereger Situatioun fir d'Land, fir d'Ekonomie a fir deen Einzelnen ginn, een dann zesummen an der Politik an am beschten op dëser Plaz gemeinsam Decisiounen hält.

A mir sinn och grad esou dättelech der Meinung, dass ee politesch waarm Gromperen net soll hannert eng Wal-Echance leeën. Dat dängt weeder der Majoritéit eppes, nach der Oppositioun an et dängt virun allem net dem Land an de Leit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, esou wéi mer en haut zur Ofstëmmung virleien hunn, gesäit eigentlech an der Substanz ganz einfach dräi oder véier Saache vir.

Éischtens: Déi Indextranche, déi elo aller Viraussicht no am Juli erfällt, déi gëtt op den Abrëll 2023 reportéiert. Fir all aner Indextranchen, an dat soll een och esou dättelech soen, spilt – Stand haut a Gesetz elo – den normalen Indexmechanismus. Déi Indextranche, déi elo vu Juli 2022 op Abrëll 2023 zréckverluecht gëtt, reportéiert gëtt, déi gëtt bis zu engem bestëmmte Montant vun Akommes kompenséiert an zwar iwwert de Staatsbudget mat engem Steierkredit. De maximale Steierkredit, dee läit pro Mount bei 84 Euro netto. An et soll een och kloer soen, dass

dee Steierkredit, wat seng Applikatioun ubelaangt, breet ausgeluecht ass. Zum Beispill een, deen eng Mammerent kritt, dee kritt och de Steierkredit. Zum Beispill e Léierjong oder e Léiermeedchen, déi kréien och de Steierkredit an d'Studenten, déi eng Bourse kréien, kréien dat och an hir Bourse verrechent.

Als CSV, dat soen ech och kloer an dättelech, kënnen mir mat deem System, esou wéi en elo virläit, liewen. Ech wëll awer och grad esou dättelech an objektiv soen, dass een et zu deem System, esou wéi en elo haut gestëmmt gëtt, awer vläicht eenzel Ofstrécher muss maachen oder se zumindest och an der Chamber soen.

Ech hu virdu gesot: De Staat bezilt u sech aus dem Budget eng Lounupassung oder eng Pensiounsupassung, déi normalerweis d'Betriber misste bezuele respektiv de Pensiounssystem.

Dee Käschtepunkt dovunner, wat de Steierkredit ubelaangt, an de Rapporteur ass virdrun drop agaan, dee läit eleng, wat de Steierkredit ubelaangt, dëst Joer an dat nächst Joer bei iwwer enger hallwer Milliard, also iwwer 500 Milliounen Euro. Eleng ee Mount, dee kascht zwësche 55 a 60 Milliounen Euro.

Drette Punkt: Ech soen Iech ganz éierlech, d'Berechnunge vum Statec, wat de Kafkraaftverloscht ubelaangt an op Base vun deenen de Steierkredit vun der Steierverwaltung gerechent gouf, déi verstinn ech – an ech soen et stellverriedend fir déi Leit zumindest, déi bei eis an der Tripartite-Kommissioun waren – nach ëmmer net, trotz alle gutt gemengten Explikatiounen.

D'Finanzéierung vun dem Steierkredit, ech mengen, dat muss een och éierlech soen, déi gëtt eigentlech op Kredit gemaach, well de Staatsbudget, dat wat den eigentleche Staat ass, ass nun emol defizitär an dat hei gëtt zousätzlechen Defizit.

De Steierkredit, dee gëtt individuell ausbezult, dat heescht, dass dat derzou féiert, an de Rapporteur ass a sengem Bericht drop agaan, dass mer eigentlech an engem Stot oder a méi Stéit mat selwechem Akommes, verschidde Kompensatiounen hunn. Dat Beispill, wat mer virun zwee Méint gesot hunn, ass och nach ëmmer aktuell. E Stot, deen zwou Paien oder zwou Pensiounen vu jee 3.000 Euro huet, dee kritt ab Juli eng Kompensatioun vum Staat vun zweemol 84, also 168 Euro netto de Mount. Dee selwechte Stot, deen och 6.000 Euro Akommes huet, an deen déi op Base vun enger Pai oder vun enger Pensioun kritt, dee kritt eng Kompensatioun vu 66 Euro. Dat heescht, mir hunn eigentlech dee selwechte Stot, mat deem selwechte Bedarf u Kafkraaftausgläich, deen ënnerschiddlech betruucht gëtt, ob een oder zwee Akommessen do sinn, ob eng oder zwou Pensiounen do sinn. Wann den normalen Indexmechanismus géif spillen, da wier fir dee selwechte Stot, ob eng oder zwou Pensiounen oder ob eng oder zwou Paien do sinn, de Kafkraaftausgläich brutto dee selwechten. An et muss een hei – dat ass jo och ënnert anerem vun der Staatsbeamtekummer an hirem Avis mentionéiert ginn, och vun aneren – einfach soen, dass d'Verléier hei leider awer nach eng Kéier virun allem d'Elengerzéier sinn, well do an deem Stot nëmmen ee Gehalt ass.

De Steierkredit, ech mengen, dat muss een och an aller Offenheet soen, mee dat akzeptéiert een, dee gëtt exportéiert. Wat heescht dat? Mee Leit, déi zu Lëtzebuerg e Salaire hunn, eng Pai hunn, Leit, déi zu Lëtzebuerg eng Pensioun bezéien, awer am Ausland wunnen, déi kréien dee Steierkredit, mee si kënnen zousätzlech an deem Land, wou si residéieren, wann do zum Beispill aner Kafkraaftausgläicher wéi zum Beispill en Energiebong oder soss eppes géif vun

deem Staat bezult ginn, kënnen déi dat cumuléieren.

Siwente Punkt, deen ech wëll soen, ass deen, dass de System vun dem Steierkredit eng gewëss Selektivitéit fir den eenzelne Bierger huet, well, wéi ech virdu gesot hunn: Wann d'Akommes méi héich ass, geet de Steierkredit degressiv erof, bis en dann herno net méi ausbezult gëtt, mee déi Selektivitéit, an ech mengen, dat soll een och ganz einfach soen, déi spilt net um Niveau vun de Betriber. Dat féiert eigentlech zu enger Situatioun, dass – loosse mer soen – en Institut, eng Bank oder soss eng Entreprise, déi en zweestellegen oder dräistellige Milliounenbenefiss mécht, eigentlech och d'Lounaugmentatioun, déi en Deel vun hirer Beleeegschaft kritt, duerch de Staatsbudget finanziert gëtt.

Dës Moossnamen, déi ginn eigentlech alleguerten op den Tripartite-Accord zréck, an d'CSV, soen ech och kloer, steet deem net am Wee. Fir eis, an dat ass de Punkt, firwat dass mer deem zoustëmmen, si mer an enger exceptioneller Situatioun – d'Land, d'Leit um Niveau vun der Kafkraaft – an exceptionell Zäite verlaangen och heiansdo exceptionell Moossnamen.

Fir eis ass dat zum Deel, fir de soziale Fridden hei am Land bäizebehalen, an dee gëtt et nun emol net zum Nulltariff an et ass och zum Deel, fir d'Iwwerliewe vun enger ganzer Rei vu Betriber an dëser schwiereger Situatioun weider ze garantéieren.

E Wuert zum Index, well vum Prinzip hier, ass dat jo den Haaptkär vun dësem Projet. An dat ass och berechtigterweis d'Haaptforderung, dat soen ech och kloer, vu ville Verhandlungspartner, déi ënnerschriwwen an net ënnerschriwwen hunn.

Duerch de Report gëtt, wéi gesot, eng Indextranche reportéiert. Si gëtt awer vum Staat kompenséiert. Fir all aner Indextranchen spilt – Stand haut an dem Gesetz, wéi mir et stëmmen – den normalen Indexmechanismus. Sollt et – dat steet net am Gesetz, mee fir eis ass dat awer selbstverständlech, an dat muss och agehale ginn – zu weideren Indexreporten, Manipulatiounen oder ech huelen elo keng aner Wieder kommen, dann ...

**M. Roy Reding (ADR)** | Manipulatioun ass richtig.

**M. Fernand Etgen, Président** | Här Reding, Dir hutt d'Wuert net. Ech wëll Iech drun erënneren, datt ech dat d'lescht Woch och scho gesot hunn, mee dat hat Dir dann net héieren, well Der net hei waart ...,

(Hilarité)

... datt ëmmer nëmmen deen dierf schwätzen, deen d'Wuert huet.

**M. Roy Reding (ADR)** | Ech soen Iech Merci fir Är Beleerung, Här President. Dir wësst, datt ech d'lescht Woch ofgemellt war a firwat. A fir de Rescht soen ech: Manipulatioun ass e gutt Wuert.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Sollt et zu weideren Indexaussetzunge kommen, dann ass et fir eis selbstverständlech als CSV, dass do d'Tripartite am Virfeld muss driwwer befannen, quitte dass déi Derogatiounen, déi zu deem normalen Indexgesetz, esou wéi et de Moment a Kraaft ass, sollen da geschéien, an der Chamber nach ëmmer mussen ofgeseent ginn. An ech soen och gradesou kloer, dass den Index fir d'CSV e volle Bestanddeel vun dem Lëtzebuurger Sozialmodell ass.

Den Index ass en Instrument vun engem Präisausgläich, en Ausgläich vun enger Präisdeierecht. A fir eis ass et kloer, dass wann een dat Sozialt an den Index sollt erabrénge, dat iwwert d'Steiere soll a muss geschéien.

**Une voix** | Très bien!



**M. Gilles Roth (CSV)** | Ech soen awer gradesou kloer, dass ee sech trotz allem Gudden, wat dëse Gesetzesprojet beinhalt, awer kengen allze villen Illusiounen soll higninn. Sécherlech hunn d'Leit am Land, iwwert dat hei eraus, grouss Suergen. De Report vun der Indexbranche mat der Kompensatioun, dat täuscht och net iwwert déi grouss Suege vu ganz, ganz ville Leit ewech, bis wäit an d'Mittelschicht vun der Gesellschaft eran.

An Dir wësst alleguerten, dass d'Lëtzebuurger en anert Temperament hu wéi d'Leit – an eenzelen Nopeschlännern. Déi lafen net direkt op d'Strooss. An dat ass och gudd esou, well dat zum soziale Fridden, zur Kohäsion bei eis am Land bäidréit. Dat heescht awer och an der Konterpartie, dass et un der Politik ass, déi Sensibilitéit ze huelen an ze hunn, fir op d'Suege vun der Leit anzugehen, och wa se net duerch Manifestatiounen ausgedréckt sinn.

Ech wëll do ganz kloer soen, d'Leit hu vill Problemer de Moment. Si hunn mat héije Wunnungsbaupräisser ze kämpfen. Jonk Stéit mussen héich Loyere bezuelen. Jonk Stéit hu sech oft a ganz vill verschéit. An déi Zënsevolutioun, déi mer an deenen nächste Méint kenne kréien, déi mécht hir finanziell Situatioun net besser.

Vill jonk Leit gehéieren och de Moment zu de sougenannte Working Poor. Dat si Leit, déi schaffen a wou nawell fir Eenzelner den Enn vum Mount oft scho virum 30. kënnt, ganz oft de 15. bis den 20. Dat sinn onausgeschwate Suege vun der Leit, an och déi muss d'Politik besonnesch an dësen Zäiten ugoen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Aus deem Grond, an ech maachen do de Verweis erëm zréck op de Kafkraaftverloscht, deen de Statec berechent huet ... Ech soen Iech et ganz éierlech: Dat, wat d'Leit op der Pompel musse méi bezuelen, dat ass dat Duebelt. Wat d'Leit musse méi bezuelen an hirem Remboursement vun der Kreditter, wat an deene nächste Méint kënnt, dat schléit an d'Geld. Dat, wat d'Leit méi musse bezuelen um Niveau vun de Liewensmëttelkäschten, dat schléit an d'Geld, an dann hunn ech nach net ... An ech ginn dovun aus, dass der vill heibannen an och ganz vill aner Leit e Sonndeg, wou Mammendag war, an d'Restaurante waren. Dir hutt gesinn, dass déi och net mat de Präisser erofgaange sinn. Alles dat musse mer am Hannerkapp halen, wa mer iwwer d'Präisdeierecht a wa mer iwwer de Kafkraaftverloscht vun der Lëtzebuurger an der Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen a schaffen, diskutéieren.

Ech wëll och dodrun erënneren, dass mer net kënne d'Aen zoumaachen – keen, déi do net an déi do och net –, ...

*(M. Gilles Roth désigne du doigt les députés de la majorité et de l'opposition.)*

... dass mer en Aarmutstaux hunn, dee bei der Leit am Duerchschnitt bei 17,5 % läit – extreem! –; dass d'Elengerzéier 41 % ënnert dem Aarmutrisiko liewen. Dat ass dramatesch! Dat ass dramatesch! An dat passt net an e sougenannte räicht Lëtzebuerg.

D'Liewensmëttelkäschten, déi explodéieren, a virun allem, Dir Dammen an Dir Hären, de Spritt, dee schléit och an d'Geld. An ech soen och do ganz kloer am Numm vun eiser Partei: Sprittpräisser vun zwee Euro, vläicht och nach driwwer, dat packen d'Leit net laang. An ech soen och gradesou daitlech, fir eis sinn héich Sprittpräisser keen, wéi et d'lescht Woch ... An ech soen dat ganz kloer: Ech verstinn dat Räsonnement vun der gréng, mee mir deelen en net. Fir eis als CSV ass et ganz kloer, dass héich Sprittpräisser kee Lenkungselement sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Mir fannen net, dass et normal ass, wa Lëtzebuurger elo an Däitschland tanke ginn. Mir fannen et och net normal, wann ee seet: D'Leit kënne jo op den öffentlichen Transport goen, d'Leit kënne jo Elektroautoe kafen.

Éischtens öffentlichen Transport: Vill Dealer am ländlechen Raum, sief dat am Süden, am Norden, am Oste vum Land, och am Weste vum Land, déi kënne sech och net einfach eleng op en ausgebauten öffentlichen Transport zréckberuffen. Dat geet net vun enger perséinlecher Situatioun, et geet net vun enger beruflecher Situatioun. Leit, déi op Schicht schaffen, déi nuets schaffen, déi kënne dat einfach net.

An den zweete Punkt ass, deen: Et kann een och net vun der Leit verlaangen, wa se am Éislek wunnen, wa se am déiwe Süde wunnen, wa se am Weste wunnen: Ma kaaft Iech elo einfach en Elektroauto!

Dir Dammen an Dir Hären, also och déi 8.000-Euro-Primm, déi bis zum Porschefahrer ausbezuelt gëtt, domat kann net jiddweree vun haut soen: „Bon, elo verkafen ech mäin Auto. Elo kafen ech emol direkt en Elektroauto mat allen aneren Ufuerderungen, déi un esou en Auto gestallt ginn.“ D'Mobilitéit an der individuell Mobilitéit, an dat soen ech och ganz kloer am Numm vun eiser Partei, ass net de Privileeg herno vun e puer Happy Few.

An da kënnt nach e weidert Element derbäi, dat sinn déi Auswierkungen, déi deen oft esou vill verpönten Tanktourismus grad elo – ech soen: grad elo – op de Staatsbudget huet. De Staatsbudget gëtt finanziert, och elo – dat soll een och kloer an daitlech soen –, vun engem Tanktourismus. D'Leit kommen net einfach heihinner fir ze tanken, mee alles, wat dorunner hânt, dass d'Lëtzebuurger, Leit, déi hei duerschfueren, zu Lëtzebuerg tanken an aner Saache kafen, dat sinn Accisen am Wäert vun enger Milliard Euro.

A mir sinn als CSV der Meenung, ech soen dat ganz kloer, dass een net esou ouni Weideres einfach kann op déi Milliard Euro verzichten.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Well déi Milliard Euro, Dir Dammen an Dir Hären, déi gëtt an engem Staat, dee souwiso schonns defizitär ass, och genotzt, fir dass mer kënne e gudd Sozialsystem finanzéieren. Mir hätte gär, dass dee gudd Sozialsystem souwuel an der Santé wéi och op allen anere Sécurité-sociales-Leeschungen ka weider bei eis am Land héichgehal ginn. An deen, dee seet: „Mir kënne op déi Milliard Euro verzichten“, dee muss och soen, wou a wat fir eng Kompensatioun en da fir dat do wëllt hierbréngen.

E weidere Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, ass dee vun enger fir eis exzessiver Steuerbelaaschtung an der trifft besonnesch déi breet Mëttelschicht. Ech ginn Iech och do eng kloer Explikatioun. Zënter 2017 sinn elo net manner wéi fënnef Indexbranchen erfällt. An déi betreffe virun allem déi Kleng- a Mëttelrevenue. A grad si ..., an dat gëtt jo verkannt, och vun deenen, déi soen: Ma den Index, dat ass eppes Onsoziales. Ech hu gesot, dat sozialt Gewësse vum Index, wat en Ausgläich vun der Präisdeierecht ass, déi musse mer iwwert d'Steiere maachen. An et si besonnesch déi Leit an deenen ëneschten a mëttlere Revenueskategorien, déi, wann den Index spillt, eigentlech duerch de Steiersystem am meeschte belaascht ginn. Firwat? Ma déi kommen nach iwwert dem Niveau vun der Progressivitéit a méi héich Steiersätz, tandis que deen, deen ouni Weideres scho vill verdéngt, souwiso scho bei 42 % läit. Dat heescht, dee gëtt linear an deem selwechte bezuelt. Dat ass eppes, wat een ëmmer muss am Kapp halen.

A fir eis, ech soen dat riicht eraus, ass et net normal, dass eng elengerzéierend Persoun – 41 % liewen ënnert dem Aarmutrisiko –, wann déi e Bruttoloun huet an dat si 4.000 Euro, vun deene 4.000 Euro nach 3.100 Euro netto huet. An Dir wësst alleguerten: Mat 3.100 Euro netto, mat engem Bensinstank, deen och bei 50 Liter schonns iwwer 100 Euro kascht, do ass nach kee Loyer bezuelt, do hunn d'Leit nach näischt giess, do ass nach keen Imprevu um Niveau vun Zänn oder soss eppes anerem geschitt, do ass nach näischt futti gefuer, keng Wäschmaschinn futti gefuer. Do mécht een net méi ganz vill hei am Land. An ech hätte gär, dass mer och zesumme kucken, dass mer deene Leit entgéintkommen. Dat ass vun dëser Regierung oft ze vill no hanner geréckt ginn.

Et kann een natierlech do soen: Ma déi Leit, déi kréie jo Sachleeschungen. Mee mir sinn der Meenung, dass een deem Mëndegen a Bierger, dee selwer seng Entscheedung hält, och muss als Lëtzebuurger oder Mënsch, deen hei wunnt oder hei schafft, kënnen zoutrauen, dass, wann e säi Loun huet oder seng Pensioun kritt, e selwer decidéiert, zu wat fir enge Konditiounen en der Suen, déi him zur Verfügung stinn, uleet oder net.

E weidere Punkt ass – ech hunn et viru scho gesot –: d'Working Poor. Dat betrëfft virun allem déi jonk Leit. Well déi jonk Leit, och wa se gutt Ausbildungen hunn – an ech gesinn de Bildungsminister –, hunn och am Privatsektor, och wa se gutt qualifizéiert sinn, net déi héchste Léin. A wa se net vun den Elteren ënnerstëtzt ginn, an d'Elteren hunn dat scho gemaach, fir dass se déi Ausbildung kënne kréien, ... trotz alle Bourssen, déi se kréien, hunn d'Eltere sech och Suen ofgespuert, fir dass se kënne eng gutt Ausbildung kréien. Wann déi an d'Berufsschulen antrieden, da sinn déi och bei aacht Stonnen, déi se schaffen – an oft vill méi wéi aacht Stonnen –, net ëmmer ganz gutt bezuelt an och déi falen zumindest am Ufank vun hirer Karriär, wa se net ënnerstëtzt gi vun doheem aus, oft ënnert déi sougenannte Working Poor.

An der leschte Punkt ass deen: déi héich Energiepräisser. Mir haten dräimol, Dir Dammen an Dir Hären, d'lescht Joer ënner eisem sozialpolitesche Spracher, dem Här Spautz, gefrot, dass d'Tripartite d'lescht Joer, also am Joer 2021, sollt schonns zesummekommen. Mir hunn och ënner anerem op dëser Plaz eng Rei vu Virschléi gemaach, konkret Virschléi, wéi een der Präisdeierecht um Niveau vun der Energie kéint nokommen. Mir haten zum Beispill proposéiert, dass ee sollt d'Steieren, d'Accisen an d'TVA op de Spritt an d'Hëtzen op den europäesche Minimum eroffueren – den europäesche Minimum. Anerer – Polen, Däitschland – gi souguer driwwer eraus.

Mir haten och proposéiert, Dir Dammen an Dir Hären, am Sënn vun enger wuelverstaner sozialer Selektivitéit, dass ee sollt de Cercel vun deene Leit, déi an der Genoss vun enger Präisdeierechtszoulag, der sougenannter Allocation de vie chère kommen, sollt ausweiten. Dat hätt zum Beispill mat sech bruecht, dass Leit, déi net als Referenzwäert den onqualifizéierte Mindestloun, mee ... Mir hätte proposéiert, zum Beispill de qualifizéierte Mindestloun als Referenz ze huelen. Mir hätten och proposéiert, dass iwwert dee Wee zum Beispill eng Famill mat zwee Kanner mat engem Akommes vu ronn 4.400 Euro och nach kéint an der Genoss dovunner kommen. A mir hunn eigentlech e bësse bedauert, dass déi Virschléi hei eigentlech e bëssen an d'Lächerlech gezu goufen. Déi hätten och de Leit, a besonnesch deenen, déi am Besoin gewiescht wieren, gehollef, fir méi Kafkraaftverloscht ausgeglaach ze kréien.

An dann zum Schluss wéilt ech och nach soen, dass mir weiderhi bedauern, dass net weider op eis Fuerderung fir eng Reform vun eisem Steiertabellensystem agange ginn ass. An ech soe se nach eng Kéier. Mir sinn der Meinung, dass et e Feeler war, dass ee keng Upassung vum der Steiertabell gemaach huet an Zäiten, wou et dem Land gutt gaangen ass.

Eis dräi Virschléi sinn do: Éischtens, den Agangsmonat, op deem een ufänkt, Steieren ze bezuelen, an d'Luucht ze setzen. Mir sinn der Meinung, dass een d'Steiertranche sollt zéien, dat heescht, dass ee manner séier op Spätzesteiersatz kënnt. An ech soen och nach eng Kéier an ouni Tabu am Numm vun eiser Partei, dass mir der Meinung sinn, dass Leit, deenen et richtig gutt geet, och mussen eng zousätzlech Steuertranche verdroen. Een, dee 500.000 Euro versteierbaart Akommes huet, dee muss och akzeptéieren, dass e bis no un d'50 %-Grenz kënnt – dat ass de Basissteiersatz, dat ass och d'Solidaritätssteuer, an da kënnt jo nach d'Assurance dépendance derbäi –, dass en och dat zäitlech muss verquessen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Abee, op dës Virschléi ass och bis elo keen agaangen.

(Interruption)

Als Konkursioun, Dir Dammen an Dir Hären: D'CSV steet zum Lëtzebuerger Sozialmodell. Mir stinn zum Tripartite-Ofkommes. D'Gesetz, dat mir haut stëmmen, hu mir weesentlech mat beaflosst, dass et méi no un en Tripartite-Ofkommes erukënnt. Mir hunn eis Pflicht an eis Verantwortung iwwerholl an der Kommissioun a mir ware frou, dass de Staatsminister drop agaan ass, fir eng eegestänneg Tripartite-Kommissioun anzusetzen an och wann deenen zwee Gillen hiert Temperament eng Kéier an enger Sitzung e bëssen uneneegerode war an deen een erausgaange war – jo, Här President –: Gilles Baum, Dir hutt déi Kommissioun exzellent présidéiert!

**Plusieurs voix** | A!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, dat soll een och soen. Well mir sinn zu engem Resultat komm an zwee Méint an engem weesentlechen Punkt. An ech wëll och soen, dass et richtig war, dass déi Tripartite-Kommissioun déi eenzel Verhandlungspartner vläicht net an hirer eegener gewerkschaftlecher Form gesinn huet, mee virun allem, dass se hire Point de vue, énnerschiedlech Point-de-vue souwuel vum Patronat wéi vum Salariat konnten duerleeën. Och dat war e ganz utile Meinungsaustausch, wou ee gesinn huet, dass een deen och sollt weiderféieren. An eis Propos ass, dass een dat och während enger nächster Budgetsdebatt sollt esou gesinn.

Mir hunn, wéi gesot, eng konstruktiv Approche geholl. Fir eis ass et weesentlech, dass den Index bäibehale gëtt, a schliesslech si mer der Meinung, dass een zousätzlech zu dësem Accord och muss zousätzlech Moosnamen an Zukunft an d'A faassen, sollt d'Präsideierrecht – a besonnesch um Niveau vun den Energiekäschten – weidergoen, well soss geet et fir vill Leit hei am Land mëttel- a laangfristeg net méi op. Mir huelen, wéi gesot, eis Verantwortung am Interessi vu Land a Leit a stëmmen duerfir dësem Gesetzesprojet zou.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Mäi Virriedner huet ganz treffend gesot, dass

d'exceptionnel Situatioun, exceptionnel Zäiten, exceptionnel Moosname verlaangen. Wou e Recht huet, huet e Recht, a wann ech vun eppes schwätzen, dat exceptionnel ass, dann ass et effektiv déi ganz Kompensationslogik, an där mer eis hei befannen. Dat ass en Novum an ech sinn och frou, dass sech eng breet Majoritéit hei hannert dësen Novum stellt.

Mir erënneren eis: An den 1970er-Joren huet d'Stolkris eist Land ferm geréselt. „Wann d'ARBED de Schnapp huet, dann néitscht d'ganz Land“, esou huet et deemools geheescht. Deemools war et schonn éischter eng Gripp. D'Situatioun war also ganz eescht. Deemools, wéi haut, stounge vill Aarbechtsplazen an Existenzen um Spill.

Énnert dem deemolege liberale Staats- a Premierminister Gaston Thorn gouf d'Tripartite vu Regierung, Gewerkschaften a Patronat an d'Liewe geruff, fir d'Stolkris zesummen a koordinéiert unzegoen. Et huet ee sech zesummegeat, fir zum Wuel vu Leit a Land Accorden ze fannen. Nationalen Zesummenhalt war deemools gefrot: net streiden, net éiweg diskutéieren an och keng sterill Ierbessenziellerei, mee esou wäit wéi méiglech zesummestoen, solidaresch sinn. Et goung schliesslech deemools ëm d'Zukunft vun der Stolindustrie, awer och ëm d'Zukunft vum Land a senge Mënschen. Besonnesch goung et awer ëm d'Zukunft vun allen, vun alle schaffende Leit.

D'Tripartite ass zanterdeem en Deel vum Lëtzebuerger Modell, e Kriseninstrument fir Zäiten, wéi mer se och de Moment grad duerchliwien. Jo, Här President, mir liewe grad a wirtschaftlech onsécheren Zäiten, besonnesch an dëser Period vu steigender an unhalender Inflation, vu steigenden Zësen, vu Liwwerenkpäss a Krich. An dësen Zäiten ass d'Politik gefuerdert. D'Leit an d'Betribler wëllen d'Sécherheet hunn, dass d'Politik hir Suergen eescht hält a keen am Ree stoe gelooss gëtt. A genau dorëms geet et hei bei dësem Accord: Et gëtt eebe keen am Ree stoe gelooss!

Fir d'DP ass den Tripartite-Accord, deen d'Regierung mat de Sozialpartner ausgehandelt an énnerschräwen huet, en Accord vun der Solidaritéit. Solidaritéit mat de Leit, déi d'Repercussioune vun der Ukrain-Kris dagdeeglech spieren an déi Krämpes hunn, fir béid Enner um Enn vum Mount beieneen ze kréien. Solidaritéit awer och mat eise Betribler, déi no enger Pandemie virun enger weiderer grousser Erausforderung stinn. Eng Pandemie, déi eis zolidd an Otem gehalen huet an eis gedoen huet, munnech staatlech Ressourcen ze mobiliséieren. No de Moosname vum Energiedësch, déi direkt am Ufank vum Ukrain-Krich entscheet goufen, fir grad deene vulnerabelste Mënschen énnert d'Äerm ze gräifen, sinn am Solidaritéitspak wichteg Moosname geholl ginn, déi schnellstméiglech bei de Leit a Betribler ukomme sollen.

An der Spezialkommissioun „Tripartite“ hu mir énnert der kompetenter an engerescher Leedung vu mengem Kolleg Gilles Baum an enger dach zimmlech strammer Kadenz Sätzungen ofgehal, fir d'Aarbechten esou séier wéi méiglech virunzedriwien a fir prett ze sinn, falls eng nei Indextranche schonn am Juli hätt missen ausbezuel ginn.

D'Moosnamen aus dem Solidaritéitspak sinn eng wichteg Stäip fir vill Salariéen, Pensionéierter, Indépendanten a Betribler hei am Land. Konkreet huet den Accord dräi Ziler. Et geet drëms, de Kafkraaftverloscht ze kompenséieren, Aarbechtsplazen ofzesécheren an de Betribler, Previsibilitéit, also déi berüümte Planungssécherheet, ze ginn.

Här President, den zentralen Acquis vum Accord ass deen, dass de Kafkraaftverloscht vun de Leit, deen duerch de Report vun der Indextranche entsteet,

kompenséiert gëtt. Ech ënnersträichen hei, dass d'Indextranche wierklech just no hanne verréckelt gëtt. Si gëtt net annulléiert. Dëse Report ass och fir d'Betribler wichteg, déi an dësen dach awer schwiegen, jo turbulenten Zäiten Previsibilitéit brauchen a weider kompetitiv musse bleiwen, fir an engem internationalen, jo ganz schwieerege wirtschaftlechen Ëmfeld, an deem mer wierklech näischt geschenkt kréien, ze bestoen.

Jo, duerch dräi oder souguer méi Indextranchen bannent engem Joer géife vill Betribler an domadder hir Salarié mat onerwaarte Situatiounen, virun allem mat onerwaarte Méikäschte konfrontéiert ginn, déi d'Attraktivitéit vun eisem Standuert par rapport zum Ausland schwäche kéint a soumat och Aarbechtsplazen a Gefor bréngt. Dat wier onverantwortlech. Dat géif Existenzen zerstëieren!

Mir wëllen awer sozial Errongenschaften bewaren an déi baut een nun emol net op engem wirtschaftleche Kierfecht op. Wirtschaft a Sozialstaat oder Solidarstaat spillen ëmmer op deem selwechten Terrain, net géinteneen, mee mateneen. Et gëtt dat eent net ouni dat anert.

An deem Kontext wëll ech de Patrick Dury, deen ech, denken ech jo, heibannen net muss extra virstellen, zitieren, deen an engem „Wort“-Interview ganz treffend Folgendes gesot hat: „Manchmal habe ich den Eindruck, dass wir eine akademische Diskussion über den Index führen, also um die Verschiebung und die Kompensierung. Aber wir befinden uns in einer Krise. Die Pandemie ist noch nicht vorbei, seit Monaten haben die Betriebe Probleme mit Lieferketten, die Rohstoff- und Energiepreise steigen und seit Kriegsbeginn verschlimmert sich die Lage zunehmend. Wir diskutieren hier nicht im luftleeren akademischen Raum“, fiert de Patrick Dury weider. „Wir führen keine theoretische Diskussion darüber, ob man eine Index-Tranche verlegen könnte. Wir befinden uns in einer ersten Lage, es geht um den Erhalt von Arbeitsplätzen und die Kaufkraft der Arbeitnehmer und Rentner.“

Léif alleguer, de Patrick Dury, deen d'Situatioun an de Betribler genee kennt, well e se all Dag verfolgegt, bréngt et genee op de Punkt a weist, wou de Schong dréckt. An hie seet dat esou treffend, dass een deem eigentlech näischt méi bäizefüge bräicht. An awer soen ech dann och nach emol ganz kloer hei op dëser Plaz. Fir d'Demokratesch Partei steet fest: D'DP steet weiderhin hannert dem Index a stellt dee Mechanismus net a Fro!

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler** (DP) | Et ass e wichteg Instrument, fir de soziale Friden zu Lëtzebuerg ze garantéieren. D'Regierung huet dank dem Energiesteierkredit e Wee fonnt, deen et erlaabt, de Kafkraaftverloscht ze kompenséieren an deels souguer ze iwwerkompenséieren. Dat ass en Novum. Iwwerkompenséieren, dat heescht, dass d'Stéit ganz konkret dank dem Energiesteierkredit um Enn vum Mount méi Suen iwwerwise kréien, wéi wann eng Indextranche erfällt wier. An dann ass d'Käisch um Kuch grad déi, dass dës Kafkraaftverloscht pro Stot gerechent gouf, ma d'Kompenséiere sech awer pro Salarié mécht.

Huele mer eng elengerzéiend Famill mat engem Revenu vu 4.200 Euro. Déi kritt dank dem Accord all Mount énnert dem Stréch 29,16 Euro netto méi u Salaire ausbezuel, wéi wann eng Indextranche erfällt wier, dat ouni, dass d'Betribler déi Zomm direkt selwer droe missten. D'Regierung huet hei ganz séier a pragmatesch op eng komplex an dach séier belasschend Situatioun reagiert. D'Leit brauchen elo eng finanziell Ennerstëtzung, well d'Inflation elo fir vill Leit hei



am Land eng grouss finanziell Belaaschtung ass. Si brauchen dës Suen elo an net eréischt a sechs Méint!

Mir als DP-Fraktioun bekennen eis zu dësem Solidaritéitspak a mir wëssen, datt et net einfach war, fir zu dësem Accord ze kommen.

D'Ausgangspositioun vum Staat, Här President, déi ass bekannt. De Lëtzebuurger Staat huet während der Pandemie immens Ustrengunge gemaach fir ze garantéieren, datt d'Leit hir Aarbecht behale konnten, dank der Deelzäitaarbecht, an duerfir, datt d'Wirtschaft am groussen Ganzen net zesummegebrach ass. D'Zuele ginn eis Recht: Eise PIB ass 2020 ëm – tëscht Gänsefeisercher – „just“ 1,8 % zrëckgaangen. Domat war Lëtzebuerg ënnert den Top Dräi an der ganzer Europäescher Unioun. Och eise Wuesstem läit mat 6,9 % zejoert wäit iwwert dem EU-Duerchschnitt.

Abee, deen Erfolleg huet eise Staat och vill Sue kascht: 3,2 Milliarden Euro Defizit eleng am Joer 2020, fir genee ze sinn. Mir woussten, datt eis Hëllefmoossnamen d'Staatskeess géifen enorm belaaschten. A mir hunn dat a Kaf geholl. Et ass dës Approche, déi mir vun den internationalen Organisatiounen recommandéiert kruten. Et ass dat, wat mir gemaach hunn an et ass dat, wat eis Wirtschaft an all schaffend Leit beschützt huet. Mir kruten och vu ville Leit gesot: „Dir hutt dat deemools richteg gemaach, Dir hutt genee dat Richteg gemaach.“

Jo, dës Regierung huet – deemools wéi och haut – genee déi erfuerdert Mesuren, déi richteg Mesurë geholl. Och den Tripartite-Accord gëtt et net zum Nulltariff.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler (DP)** | Ech wëll also wierklech ënnersträichen, datt d'Regierung hei extraordinär Ustrengunge gemaach huet, fir de Familien, alle schaffend Leit, de Betriber, den Independenten, de Studenten an awer REVIS- an RPGH-Empfänger ze hëllefen. Ech begreissen dann och ausdrëcklech, datt déi gréissten Oppositounspartei, d'CSV, also déi „nei CSV“, den Accord elo no laangem Hin an Hier matdréit. An ech si frou fir si, datt si elo keng Kaz am Sak musse kafen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler (DP)** | Ech erënneren un d'Joer 2012: Wéi d'DP an der Opposition war, war deemools an der Finanzkris keng einfach Zäit. Et hu misse eng ganz Rei wichteg Decisiounen geholl ginn, dat am Interêt vum Land. D'DP huet dowéinst 2012 als Oppositounspartei hir Verantwortung iwwerholl an d'Gesetz zum Report vum Index matgestëmmt, obwuel et am Verglach mat haut keen Accord ginn ass an obwuel et scho guer keng Kompensatiounsmoossname gi sinn.

Dës Solidaritéitspak ass deemno ouni Zweifel fir d'Leit déi besser Äntwert op hire Kafkraaftverloscht.

Jo, Här Roth, esou kritesch wéi Der déi lescht Woche waart – zu Recht, dat ass Är Roll, dat ass Är Verantwortung an ausserhalb, och innerhalb vun der Kommissioun souwisou –, sou kritesch wéi Dir mam Solidaritéitspak ëmgaange sidd, wëll ech awer net wëssen, wéi entrüst Dir als Majoritéitsdeputéierten 2012 waart, wéi déi kleng a mëttel Akommissen deemools am Ree stoe gelooss goufen. Deemools hu si misse kucken, wéi se mat hirem Kafkraaftverloscht aleng géifen eens ginn.

Dës Majoritéit wollt op jidde Fall dat do net. Si wollt net, datt esou eng Situatioun antrëfft. Mir hëllefen de Leit, déi an dës schwierigen Zäite Problemer hunn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

An, Här Roth, net nëmmen huet Är Partei 2012 de Leit keng Kompensatioun fir de Kafkraaftverloscht ginn – nee. Är Partei huet souguer d'Solidaritéitssteuer fir kleng a mëttel Revenue vu 4 % op 7 % gehéicht (veuillez lire: vu 4 % op 6 % gehéicht).

*(Interruption)*

Dir hutt deene Leit d'Steiererhéijung opgedrummt, andeems Der d'Tauxen, also d'Steiertauxen, eropgesat hutt. Dat louch deemools an Är Hand an Dir hutt de Leit domadder och manner Suen um Enn vum Mount iwwerregelooss, fir de Frigo an dee berüünten Tank ze fëllen.

Ech kann Iech just soen, datt mat der DP-Fraktioun dës Leit net nëmme keng Steiererhéijungen ze fäerten hunn, mee datt mir hinne mat sozial cibléierte Moossnamen zur Säit stoe wäerten.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler (DP)** | D'CSV kritiséiert zum Beispill och den Energiekredit, Steierkredit an deem Sënn. Si kritiséieren net, datt d'Leit Sue kréien, fir op déi héich Energiepräisser ze reagéieren. Nee, dat hu si jo och selwer gefrot. D'Form vum Steierkredit gëtt hei kritiséiert. Erlaabt mer awer op dëser Plaz, drun ze erënneren, datt et eeben d'CSV war, déi d'Steierkreditter an eisem Steiersystem agefouert huet. An de Gilles Roth huet dës Decisioun och 2008 verteidegt. De Gilles Roth huet op der Chambertribün deemools gesot. Ech zitéieren hien: „D'Regierung geet mat der Aféierung vun de Steierkreditter een innovativen a couragéierte Wee.“ De Gilles Roth huet se „e richteg Schrëtt am Sënn vun enger sozialgerechter Ëmverdeelung“ genannt.

Fir datt d'staatlech Hëllef séier ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Här Bauler, erlaabt Der, datt den Här Roth ...

**M. Gilles Roth (CSV)** | Fait personnel.

**M. Fernand Etgen, Président** | ... reagéiert fir Fait personnel?

**M. André Bauler (DP)** | Jo, ech si mer däers bewosst, Här Roth. Loosst mech just mäin Abschnitt nach fäerdeg maachen.

Fir datt d'staatlech Hëllef séier, geziilt a sozialgerecht ukënnt, huet d'Regierung d'Form vum Steierkredit gewielt. Et entzitt sech mengem Verständnis, wéi am Fong geholl d'CSV däraart géint de Modell vum Steierkredit ka goen, wa si selwer en deemools als couragéiert a sozial gerecht gelueft huet.

Dir kënnt elo Är Fro stellen, Här Roth, wann den Här President d'accord ass.

**M. Fernand Etgen, Président** | Den Här Roth kritt d'Wuert fir Fait personnel.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Jo. Merci, Här President. Et ass net d'Wuert Steierkredit, dat ee vun enger op déi aner Situatioun kann einfach transposéieren. 2008 oder 2009 war ech selwer Rapporteur vun deem Projet de loi. Deen ass net geholl gi vun der CSV eleng, mee zesumme vun enger Koalitioun mat der CSV an der LSAP. An do sëtzt de Sozialminister, de fréiere Sozialminister vun der LSAP. An him géif ech dat selwecht erklären, wat ech Iech elo als DP-Deputéierten erklären.

Wat war 2008 esou innovativ? Mee dass een d'Moderatioun, déi d'Stëit kritt hu fir d'Kanner, an e Steierkredit ëmgewandelt huet. Well virdrun huet deen, dee vill verdéngt huet, eng Moderatioun kritt vun 900 Euro an huet déi vun de Steiere kënnen pro Kand ofsetzen. Dat heescht: Deen, deen netto am meeschten do verdéngt huet, war deen, dee vill Steiere bezuelt huet.

An déi Persoun, déi manner verdéngt huet, déi hat dovunner manner Avantage. A fir jiddwereen – de Mindestlounbezéier, dee Kanner huet, den Duerchschnittsverdänger, dee Kanner huet an de Spëtzeverdänger, dee Kanner huet – op déi selwecht Positioun ze setzen, ass duerfir eng negativ Steuer agefouert an ausbeuelt ginn ënnert der Form vun engem Steierkredit. Dat war d'Ursach derfir. An duerfir hu mer gesot: Dat war innovativ! Et war d'ailleurs ëmmer eng Fuerderung vun de Gewerkschaften. Dass e Kand e Kand ass, dat ass um Niveau vun dem Kannergeld ëmgesat ginn. Dat waren déi 265 Euro. E Kand ass e Kand an um Niveau vun de Kanner ass e Steierkredit e Steierkredit, egal, ob ech elo 2.000 Euro de Mount verdéngen, ob ech 10.000 Euro verdéngen oder ob ech der 40.000 oder 50.000 verdéngen. Dat war d'Ursach. An duerfir war dat innovativ. Dat war gewollt innovativ!

An hei gëtt de Steierkredit geholl, fir e Kafkraaftverloscht auszegläichen an obschonn an engem Stot dee selwechte Besoin un enger Kafkraaft ass, gëtt dee Kafkraaftverloscht ënnerschiddlech ausgeglaach.

Dat ass dat, wat ech Iech wollt soen. Dat ass och dat, wat de Conseil d'État, d'CGFP, d'Chambre des Fonctionnaires, d'Chambre des Salariés mentionéiert hunn. Dir hutt mat Recht gesot, de Conseil d'État hätt gesot, dat wier eng politesch Opportunitéit, an hätt dovun ofgesinn – gemäss dem Gläichheitsprinzip –, eng Opposition formelle ze maachen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Roth. Dann huet nach den Här Kersch d'Wuert gefrot.

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Jo, ech wollt och dem Här Bauler soen, dass et selbstverständlech richteg ass, dass de Steierkredit als System agefouert ginn ass ënnert enger CSV-gefëierter Regierung mat der Complicitéit vun der LSAP, wéi mer elo grad héieren hunn. An déi Erklärung, déi den Här Roth gemaach huet, ass och ganz richteg.

Ech wollt deem awer bäifügen, dass e Steierkredit oder d'Selektivitéit, de Krittär vun der Selektivitéit, dass ee selektiv genau deene Leit hëlleft, déi am mannsten hunn, eng Erneuerung war, déi net vun der CSV komm ass, mee déi vun dëser Koalitioun komm ass. Ech mengen, dass et wichteg ass, dass een dat eng Kéier seet. An déi spillt jo genau och elo bei deem Steierkredit, dee mer haut amgang sinn, ze diskutéieren, nämlech d'Selektivitéit. An dat ass den Ënnerschied par rapport zu deem Steierkredit, dee mer 2008/2009 agefouert hunn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kersch, fir déi Kloerstellung. An domadder ginn ech d'Wuert zrëck un den Här Bauler.

**M. André Bauler (DP)** | Jo, merci, Här President. Merci deene verschiddenen Intervenanten. Ech wollt eigentlech soen, wat den Här Kersch elo gesot huet an dat bleift mer dann elo erspuert. Dat sollt e Complement sinn zu deem, wat den Här Roth gesot huet. An da kéint ech weiderfuere mat mengen Ausféierungen.

Ech hoffen alt, datt Der mer déi Zäit elo net urechent, Här President. Ech gesinn, d'Auer ass och elo gestoppt.

Un all déi wollt ech mech nach riichten, déi d'Tripartitesgesprécher kritiséieren, well eeben ee vun de Sozialpartner de finalen Accord net matgedroen huet. Do kann ech just un d'Joer 2012 erënneren. Deemools gouf et, wéi gesot – ech wollt dat awer nach eng Kéier soen –, wuelgemierkt keen Accord tëscht der Regierung an den Tripartite-Partner. Dës Kéier droen awer dräi vu véier Partner den Accord mat.

Déi gréissten Neierung dës Kéier, dat sinn eeben, ech kann et net dacks genuch soen, déi sougenannt Kompensatiounsmoossnamen. Dës Kéier huet och de Statoc de Kafkraaftverloscht berechent, sou genee wéi nëmme méiglech. Dës Kafkraaftverloscht gëtt elo dank dem neien Energiesteierkredit kompenséiert. Déi Stéit mat klengem Akommes ginn, wéi ech scho gesot hat, iwwerkompenséiert.

A fir mech och vläicht nach eng Kéier ze widderhuelen an och, fir dat ze soen, wat den Här Kersch elo just gesot huet: De Steuerkredit Energie ass awer virun allem eng séier – scho souwiesou eng gezielten, mee awer eng séier – Hëllef, déi sozial gestaffelt ass, déi séier kann ëmgeseit ginn, op déi een net laang muss waarden. Jo, d'Léisung, déi an der Tripartite fonnt ginn ass, ass wuel net perfekt, mee si hëllef awer ville Leit direkt a séier, eeben duerch dee faméisste Steuerkredit Energie, wuel wëssend – fir dat nach emol ze soen –, datt de Kafkraaftverloscht op de Stot ausgerechent ass an net op d'Persoun. Och dat soll nach eemol gesot ginn! Och dat gehéiert zur intellektueller Eierlechkeet!

Eis huet interesséiert, datt d'Leit hire Kafkraaftverloscht esou wäit wéi méiglech kompenséiert kréien, an dat ouni laangwiereg Prozeduren.

Voilà, Léif Alleguer, dës Regierung huet en historeschen Accord fonnt souwuel an der Envergure vum Pak – de Gilles Baum huet dat nach eng Kéier ze ënnersträiche gewosst, wann een d'Envergure versicht, a Milliounen ze chiffrieren –, souwuel an der Envergure vum Pak, wéi gesot, wéi awer och an der Ënnerstëtzung vun de Leit an de Betriber.

Et muss ee soen, datt et net einfach ass, fir mat verschiddenen Acteuren ëmmer en Accord ze fannen, dat zemools a Krisensituatiounen, wann et ëm vill geet a wann d'Zäit fortleeft. Heiansdo kënn een net op e gemeinsamen Nenner, heiansdo leeft et eeben op e Kompromëss eraus, deen net jiddwereen arrangéiert. An dësem Fall awer huet d'Regierung deeglaang mat de Vertrieder vum Salarat a vum Patronat verhandelt. Si huet sech esou wäit beweegt, datt et zu engem gudden Accord konnt kommen; e gudden Accord, op dee sech geëenegt konnt ginn an deen, wéi ech erausspielen, heibannen och wäert breet gedroe ginn.

Et ass en Accord am Interêt vu Land a Leit. Et ass e Solidaritéitspak an dowéinst ginn ech am Numm vun der Demokratescher Partei elo schonn den Accord zu dësem Gesetzesprojet.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Bauler. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, virop dem Gilles Baum e groussen, décke Merci fir dee Rapport an déi vill Aarbecht, déi en an deene leschte Woche mat eis hat. Ech schlësse mech deene Wieder un, déi den Här Roth gesot huet. Datt hu mer zesumme gutt gemeeschtert an Dir hutt dat gutt gemaach. Merci duerfir, Här Baum.

Här President, déi Situatioun, déi mer haut kennen, déi hate mer zanter de 70er-Joren net méi. Deemoos sinn och zwou Krisen openee gefall, d'Stol- an d'Pétrolskris. Grad wéi deemoos, kënnen mer d'Krisen haut nëmmen iwwerwannen duerch e konsequent Agräife vum Staat an andeems mer alleguerte solidarisch matenaner sinn. Zanter dem leschten Hierscht hu sech déi geopolitesch a wirtschaftlech Konditiounen dramatesch verännert. Kaum en Expert schwätzt

nach vu Recovery, also vun enger ekonomescher Reprise.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Zanter 17 Woche féiert den Diktator am Kreml e Krich géint d'Ukrain a géint eis Virstellung vum enger friddlecher Weltuerdnung, an där dat internationaalt Recht nach eppes zielt. De Krich an der Ukrain huet, wéi mer alleguerte wëssen, d'Hausse vun den Energiepräisser nach befeiert. D'Pandemie an hir Suite sinn do an eise Géigende scho bal vergiess. China, déi zweetgréisst Economie vun der Welt, huet weinst dem Covid Enn Abrëll e Véierel vu senger Populatioun an en haarde Lockdown gesat, wat de Problem vun de Liwwerketten nach emol staark verschäerft huet. Et muss ee keen Dokortitel an der Economie hunn, fir ze verstoen, wat dat alles fir d'Präisdeierecht bedeit.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Déi Europäesch Zentralbank geet an hire Projektionen dovunner aus, dass mir an der Eurozon wäerten dëst Joer eng Präisdeierecht vun iwwer 5 % erliewen. A bei der Geleechenheet vun eiser Visitt zu London krut de Chambersbüro op der London School of Economics gezielt, dass eng Joresinflatoun vu 5 % iwwert déi nächst fënnef Joer guer net onwarscheinlech wier.

China schéngt zwar wäit ewech, de Corona ass bal vergiess, d'Ukrain konnte vill Leit virun e puer Méint nach net op der Europakaart esou richtig fannen, an dach spiere mir och hei zu Lëtzebuerg d'Konsequenze vun all deem doten. Natierlech op der Tankstell, am Supermarché oder generell um Compte courant, wann Enn des Mounts näischt méi Rescht ass oder net méi ganz vill.

D'Bierger sinn der Präisdeierecht komplett ausgeliewert a kënnen sech net wieren. Mee och d'Entreprise kréien dat doten alles ze spieren. Hir Wuere kommen net un oder mat grousser Verspéidung. D'Energiekäschten an d'Käschte fir d'Matière-première, déi explodéieren. Mataarbechter gi krank, falen nach ëmmer aus a kënnen net direkt ersat ginn. Wien haut en Auto keeft, dee muss sech dacks iwwer e Joer gedëllegen, bis en iwwerhaupt geliewert gëtt. Wie grad baut oder renovéiert, dee kennt d'Schwieregkeete vun den Entrepreneuren nëmmen allze gutt. Dobäi sinn a ville Betriber d'Keesen eidel no zwou Joer Pandemie, wou der vill hir Reserven opgebraucht hunn.

Wann donieft och nach d'Lounkäschten de Kopplabunz schloen, gëtt et fir vill Entreprises richteg existenziell. Nee, net fir all d'Entrepreneuren, mee awer fir vill. Jo, et gëtt Amazon oder och nach d'Finanzbranche, mee et gëtt och de Metzler am Duerf, de Bäcker, d'Epicerie, d'Baufirma oder den Installateur an nach vill anerer. Fir si all sinn zwou Krisen beieenen der dräi ze vill.

Fir aus dës schwierege Gewässer erëm onbeschiedeg erauszefannen, gëtt et eigentlech nëmmen ee Wee: d'Äerm eropkrämpelen an zesummen no Lösung sichen. Dëst huet d'Lëtzeburger Regierung och gemaach. Am Sënn vum Sozialdialog huet si d'Sozialpartner am Kader vun enger Tripartite zesummegeruff, fir zesummen no Lösungen ze sichen. Dobäi ass en Accord erauskomm, dee vum Patronat op där enger Säit a vun zwou Gewerkschaften op där anerer Säit gedroe ginn ass.

Jo, als LSAP bedauere mir, dass den OGB-L, déi Gewerkschaft, där mir eis no fillen, den Accord net huet kënnen matdroen. Jo, dat deet eis wéi. Dorunner ass keen Zweifel. Den Indexsystem läit eis als LSAP am Häerz, well et e sozialen Acquis ass, deen d'Kohäsioun vun eiser Gesellschaft séichert. Duerfir ass et eis weeder einfach nach liicht gefall, fir déi kommend

Indextranchen no hannen ze réckelen. Nawell si mer der fester Iwwerzeegung, dass mer net kënnen d'Aen zoumaachen, wann all dräi Méint eng Indextranche fällt.

Näischt maachen, hätt hei Aarbechtsplaze kascht, Chômage generéiert, Betriber an hir Mataarbechter an hirer Existenz bedrot. A mir gesinn haut schonn déi éischt Unzeechen duerfir, wa mer kucken, wéi zum Beispill um Interims marché déi fräi Plazen amgaange sinn, drastesch zrëckzegoen. De Constat, dass muss vu staatlecher Säit intervenéiert ginn, gëtt och, mengen ech, vu jiddweregem gedeelt, och wann d'Meenungen natierlech auserneeginn iwwert d'Manéier wéi.

Fir d'LSAP war et vun Ufank u kloer: Éischstens: Keng Indextranche duerf einfach esou gestrich ginn oder ewechfalen. Zweetens: All zäitlech Verréckele vum Index muss kompenséiert ginn. Drëttens: All Ëmännerung um automateschen Indexmechanismus muss vun de Sozialpartner gedroe ginn. Véiertens: Den Index duerf a senger Grondsatz ënner kengen Ëmstänn a Fro gestallt ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Am Contraire. D'Erhale vun der Kafkraaft ass esou relevant wéi seele virdrun. De Kampf fir den Indexsystem wäert sech an nächster Zukunft weider intensivéieren, well all déi al Propositionen vum gedeckelten oder gréng gefierften – wéi wëllt Der en nennen? – Index erëm wäerten aus der Mattekëscht erausgezu ginn. An aus dësem Grond ass déi Maniff, déi haut virun der Dier war, och net ëmsoss. Och wa si haut géint dëst Gesetz hei protestéiert hunn, sou wäert de Kampf fir d'Erhale vum Index als System muer net eriwuer sinn.

D'LSAP wäert sech mat aller Kraaft géint sämtlech Modifikatiounen um Indexsystem wieren, déi dësen definitiv änneren an aushiege géifen!

D'LSAP ass a bleift och der fester Iwwerzeegung, dass et intellektuell onéierlech, jo, ongeheierlech ass, wann een den Indexsystem aushiege wëllt mam Argument, den Index wier net sozial gerecht.

Den Index war ni en Instrument, fir sozial Gerechtegkeet ze schafen an duerf dat eigentlech och net ginn. Fir méi sozial Gerechtegkeet hierstellen, hu mir e Steuersystem, an d'LSAP hat och aus guddem Grond den Debat iwwert d'Justice fiscale ugefrot, fir an dëser Fro e Stéckelche virunzekommen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | D'LSAP steet awer hannernt dem Accord, deen d'Sozialpartner fonnt hunn. Et ass vläicht net dee beschten Accord vun allen Zäiten, mee en ass awer fir eis duerchaus akzeptabel. Mir fannen eis als Partei dran erëm, well mir de Grondprinzipp héichgehalen hunn, a schwierigen Zäiten déi Schwächst an eiser Gesellschaft ze schützen an ze stäerken.

De Mesurëpak, dee bei der Tripartite ausgeschafft ginn ass, dréit net zu Onrecht den Numm „Solidaritéitspak“.

Déi wichtegst Mesure an eisen Aen, dat ass déi vum Crédit d'impôt énergie, mat deem mir séier a sozial cibléiert de schaffende Leit hei am Land ënnert d'Äerm gräifen. Esou kritt e Salarié, deen den onqualifizéierte Mindestloun verdéngt, netto 42 Euro méi de Mount mam neie Steuerkredit, wéi e soss mat enger Indextranche kritt hätt. En Elengerzéiende mat engem Bruttoakommes vu 4.500 Euro de Mount, kritt 26 Euro méi de Mount mam Steuerkredit wéi mat enger Indextranche. Vereinfacht duergestallt: Falls et dann effektiv néng Méint sollte ginn, kritt e Mindestlounempfänger iwwert déi nächst néng



Méint souwuel den Index kompenséiert wéi och nach 378 Euro drop.

Richtig ass och ze soen, dass Salären tëschent 68.000 an 100.000 Euro net méi de ganzen Index ausgeglichen kréien an dass dann d'Paien iwwer 100.000 Euro d'Joer näischt méi kréien. Dat heescht konkret, dass zwee Drëttel vun alle Salariéen am Land méi kréien duerch e Steierkredit wéi duerch eng Indextranche. Den ieweschte Sechstel vun alle Salariéen am Land verdängt méi wéi déi 100.000 Euro a kritt duerfir keng Kompenséierung.

Wann ee mat de Leit schwätzt a wann een och déi rezent Sondagë kuck, gëtt et hei am Land och e gewëssten Versteedemech, dass net all Mënsch d'Indextranche kann integral kompenséiert kréien. Dëst ass fir mech e positivt Zeechen, well et nach eng Kéier ënnermauert, dass mir e Land vun der gelieferter Solidaritéit sinn, wou déi, deenen et finanziell gutt geet, och bereet sinn, e Stéck zréckzestoe fir déi Leit, deenen et méi wéi deet, wann de Liter Mëllech oder de Pak Nuddele méi deier gëtt.

Am Solidaritéitspak sinn doriwwer eraus natierlech och equivalent Mesuren zum Steierkredit fir Beneficiäre vum REVIS a fir Studenten. Weider ass eng temporaire Reduktioun vun de Präisser op der Poppel a beim Brennes ëm 7,5 Cent de Liter ëmgesat ginn, d'Afréiere vun de Loyere bis den 31. Dezember, eng Revalorisatioun an Ausdeenung vun de Loyer-subsventiounen, Hëllef an staatlech Garantien fir eis Entrepreneuren, déi ënnert den Energiepräisser ze leiden hunn, a verstärkt Hëllef fir hir Energietransitioun.

Mir hunn, mengen ech, an eiser parlamentarescher Aarbecht alleguerten den Effort gemaach, u jidder-een ze denken a keng Gesellschaftsgrupp ze vergies-sen. Weeder d'Léiermeedchen nach de Pensionnaire goufen op der Säit gelooss. Dëse Solidaritéitspak chiffriert sech op iwwer 800 Milliounen un direkten Depensen am Staatsbudget. Dat ass net näischt!

Ech wëlt och nach eng Kéier drun erënneren, dass mir 2020 d'Allocation de vie chère verduebelt hu fir dat Joer, dass mir se 2021 ëm 10 % gehéicht hunn an dëst Joer nach eng Kéier ëm 200 bis 400 Euro, dass mer och de Mindestloun ëm 100 Euro gehéicht hunn. Alles dat kënnt de Leit mat klengem Portmonni zegutt.

Fir d'LSAP-Fraktioun wier et och net a Fro komm, d'Kannergeld net weider ze indexéieren, e puer Méint nodeems mir d'Reindexéierung erëm agefouert haten.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Wann ech esou iwwer eise Bord vum Teller erauskucken, wéi an eisen Nopeschlänner probéiert gëtt, Léisungen ze fannen, da mengen ech, dass mir eis iwwerhaupt net ze verstoppe brauchen. De Bléck an d'Ausland ass warscheinlech och dat bescht Argument fir eisen Indexsystem. Bei eis muss net Secteur fir Secteur eenzel verhandelt, taktéiert, gestriden oder gestreikt ginn, fir d'Léin un d'Präisdeierecht unzepassen. Mir wësse jo, dass der do ëmmer op der Streck bleiwen.

Mir sollten och net vergiessen, dass nieft dem Solidaritéitspak vun iwwer 800 Milliounen schonn um Energiedësch eng 75 Milliounen Euro deblockéiert goufen, fir de Leit ënnert d'Äerm ze gräifen, zum Beispill de Gasclienten oder och nach bei dem Elektreschen. „Wou gëtt et dat an der Welt?“, froen ech Iech, an d'Äntwert ass: „Néierens“.

Här President, d'Situatioun, an där mir sinn, ass awer immens volatil. Et ass schwéier, bal onméiglech, virauszekucken. Kee weess, wat muer oder iwwer-muer ass. Vun engem Mount op deen anere goufen

d'Prognose vum Wuesstem halbéiert an déi vun der Inflation, déi hu sech verduebelt.

Duerfir ass et richtig, dass sech d'Regierung mat den Amendementen nach eng Kéier kloer engagéiert huet, d'Tripartite zesummenzeruffen, sollt sech d'Situatioun verschlechteren. Op dëser Plaz geet dann och mäin Appell un d'Regierung: Wann eng weider Tripartite misst zesummekommen, maacht et matzäiten a loosst Iech och déi néideg Zäit fir ze verhandelen! Ënner Drock ass et ëmmer schwéier, op e gemeinsamen Nenner ze kommen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Esou schwéier d'Situatioun de Moment och ass, d'äerfe mer awer net schwarzgesinn. Eist Land huet déi néideg Capacitéiten, fir den ekonomesche Schued vun deem Krich bei de Biergerinnen a Bierger engersäits a bei eiser nationaler Economie anersäits auszegläichen.

Eis Staatsschuld ass nach ëmmer niddreg. Am Gesamtstaat hu mir d'Joer 2021 mat engem Iwwerschoss vun ëmmerhi 650 Milliounen Euro ofgeschloss. Am Zentralstaat hu mer d'lescht Joer just e klengen Defizit vun 326 Milliounen enregistréiert. Dat ass en Zéngtel vum Defizit vun deem Joer virdrun. Eise PIB hat schonn am drëtten Trimester 2021 erëm säin Niveau vu virun der Pandemie erreicht.

Virun allem um Aarbechtsmarché gesäit een awer, dass eis Fundamente gesond sinn. Iwwert déi lescht dräi Joer sinn netto eng 40.000 Aarbechtsplaz geschaf ginn – trotz Pandemie. De Chômage ass Enn Abrëll mat 4,7 % esou déif wéi zanter Enn 2008 net méi. Dës Situatioun ass keng Selbstverständlechkeet a se kënnt och net vun ongeféier. Si ass och d'Resultat vun der couragéierter Decisioun vun der Regierung, fir direkt der Pandemie ze begéinen, zum Beispill mam Chômage partiel. Dëst huet vill Savoir-faire an de Betriber gehalen, mee virun allem awer vill Salariéen a vill Familljen ofgeséchert.

Mir hunn deemno als Grand-Duché – anescht wéi an anere Länner – eng gesond Ausgangssituatioun. Dëst bedeit, dass mir och déi néideg finanziell Méttelen an d'Hand huele kënnen, fir esouwuel d'Stëit hei am Land wéi och eis Economie an dëser schwieriger an oniwiersichtlecher Zäit ze ënnerstëtzen.

De Sënn an Zweck vun eiser Politik besteet doranner, Aarbechtsplazen ze erhalen. Dat hu mer bis elo fäerdegbruecht. An de Pandemie-joren 2020 an 2021 goufen et manner Failliten wéi nach 2019. Eleng de Chômage partiel an de Congé pour raisons familiales an der éischter Well vun der Pandemie hu net manner wéi 15.000 Aarbechtsplaz gerett.

Mir wäerten dës Efforte weiderféieren, fir eis Economie weider ze stabiliséieren an domadder dem Salariat weider zur Säit ze stoen. Op d'LSAP ka sech all Salarié hei am Land verlossen. A schwéieren Zäite kënnt et dorobber un, dass een net aus der Héft schéisst, mee dass ee mat roueger Hand reagiert an dass ee verlässlech ass. A schwéieren Zäite sinn net déi populär Decisiounen gefrot, mee déi richtig; déi, déi eis zesummenhalen an déi, déi eis aus der Kris erausféiere kënnen.

Eist Instrument vun der Tripartite ass duerfir dat Richtegt. Jidderee muss an esou Verhandlungen dat grousst Ganz am Bléck behalen an e bësse Waasser a säi Wäi schëdde kënnen, fir dass et zu engem Accord komme kann. An ech mengen, och behapten ze kënnen, dass an dëser Tripartite de Wëllen, am Interess vum Land zu engem Accord ze kommen, iwwerwien huet.

Mir sinn och net am selwechten Zenario wéi 2008 bei der internationaler Wirtschafts- a Finanzkris. D'Kris,

an där mir eis alleguerten haut befannen, ass net ausgeléist gi vun der Gier vun internationale Banken-haiser. Duerfir bréngt et eis och iwwerhaupt net wei-der, wa mir mam Fanger op deen een oder op deen anere weisen. All Sektor spiert méi oder manner direkt d'Konsequenze vum Krich an der Ukrain. Onsécherheet iwwert déi makroekonomesch Evolutioun ass fir guer keng Entreprise gutt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, poli-tesch Responsabilitéit ze droen ass den Ament keng einfach Saach. D'Onsécherheete si grouss a kee Mënsch ka virausgesinn, wéi et an deem Zäitalter vun de multiple Krisen viruegt.

Wéi ech allerdéngs scho gesot hunn, ass eist Land op zolidd Fundamente gebaut. Mir hunn eng staark Economie, déi sech scho méi wéi eng Kéier nei erfonnt huet. Mir hu virun allem och eis Biergerinnen a Bierger, déi Empathie a Solidaritéit weisen, natier-lech mat den Ukrainerinnen an Ukrainer, mee och méi generell mat de Leit bei eis, deenen et manner gutt geet. Dës mënschlech Stärkt ass op d'mannst genue esou kruzial fir eist Land wéi seng ekonomesch Stärkt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | De Franklin D. Roosevelt huet d'Rudder vu sengem Land iwwerholl a ganz schwierigen ekonomeschen Zäiten. A senger Un-trëttsried sot en dëst: „The only thing we have to fear is fear itself.“ Ech fannen, an dësem Saz ass ganz vill Wourecht dran a mir sollten eis dës Saz bei alle Widdregkeeten, déi mer observéieren oder och emol selwer erliewen, heiands zu Härz huelen. Nëmme wa mer zouversichtlech bleiwen, kënnen mir och d'Erausforderungen ugoen – zesummen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance** | Merci och dem Här Cruchten. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché. An d'Madamm Lorsché huet och direkt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng)** | Merci, Här Presi-dent. Dir Dammen an Dir Hären, d'Coronapandemie an elo och de Krich an der Ukrain hunn eis bäibruucht, datt mer mat Onsécherheet musse liewen. An déi nächst Méint gi ganz sécher méi licht fir Mënschen, déi Onsécherheete kënnen aushalen, Onsécherheeten am Sënn vu Volatilitéit, Ongewëssheet, Komplexitéit an Ambigüitéit, déi sech am Begrëff „VUCA World“ (ndlr: volatility, uncertainty, complexity and ambiguity) erëmfannen. Dësen Akronym ass Enn vun den 1980er-Joren an den USA geprägt ginn, fir den onstabilen Zoustand vun der Welt nom Enn vum Kale Krich ze be-schreiwén.

Haut ass net nëmme eist relativ krisefest Lëtzebuerg mat groussen Ongewëssheete konfrontéiert, och vill aner Länner müssen ëm hir Sécherheet am breede Sënn fäerten. Am meeschte beträff ass d'Ukrain; e Land, wat ganz aner Surgen huet wéi déi, en Accord tëscht der Regierung, de Sozialpartner an de Gewerk-schafte gesetzlech ze verankeren, fir de Schued vun enger krichsbedéngter Kris a Grenzen ze halen.

Domat wëll ech d'Wichtigkeet vum Tripartite-Accord an d'Gesetz, wat mir haut stëmmen, ganz sécher net klengrieden. Ech wëll awer ze bedenke ginn, datt dat, wat d'Mënschen an der Ukrain erliewen, a kenger Re-latioun steet mat de Problemer, déi eis zu Lëtzebuerg beschäftegen.

Fir Lëtzebuerg huet dëse Solidaritéitspak effektiv eng grouss Bedeitung. An op en Neits stellt sech domat eraus, datt de Sozialdialog an eisem Land groussge-schriwwen gëtt, wann et drop ukënnt.

Ëmsou méi bedauerlech fanne mir et dowéinst nach ëmmer, datt eng ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... vun den dräi grouse Gewerkschaften d'Boot verlooss huet.

Allerdéngs ass och dës Decisioun ze respektéieren, ganz einfach well se zu enger lieweger Demokratie gehéiert. A wann d'Tripartite dann erëm opgeholl gëtt, huelen ech un, datt den OGB-L erëm um Dësch sëtz.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Gréng begrësse mir jiddwerfalls, datt mam Projet de loi vun haut Neel mat Käpp gemaach ginn. Den Tripartite-Accord huet de Wee an d'Legislatioun gepackt a stéisst no längeren Diskussiounen, déi ganz konstruktiv waren, op eng grouss Ënnerstëtzung an der Chamber. Dat ass erfëllech an e wichtegt Zeeche vu Solidaritéit. Dat soen ech engersäits an d'Richtung vun der CSV, wou ech muss soen, datt d'Diskussiounen effektiv ganz konstruktiv waren, och wann eemol de Sall verlooss ginn ass. Dat gehéiert dann derzou. Ech soen et awer och a Richtung vum Gilles Baum, deen d'Kommissioun kollegial a kompetent geleet huet an haut och nach e ganz gudden Rapport hei ofgelievert huet. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Datt d'Regierung sech engagéiert, de Sozialdialog nees opzehuelen, sollt et sech erausstellen, datt d'Inflatioun weider Indextranché mat sech bréngt, ënnerstëtze mir an deem Kontext ganz besonnesch.

Mir befannen eis, wéi gesot, an enger Zäit, an där villes volatil an imprevisibel ass. Mam Amendement, wat d'Regierung selwer abruucht huet, ass dem Facteur vun der Imprevisibilitéit Rechnung gedroe ginn, wuel wëssend, datt sech och am internationale Kontext ganz vill Froe stellen, déi en Impakt op d'Inflatioun kënnen hunn a warscheinlech och wäerten hunn.

Wéi entwéckelt sech de Krich an der Ukrain? Gutt gesäit et jo net grad aus. Ginn d'Sanktiounen op béide Säite verstärkt? A wat ass de mëttel- a laangfristegen Impakt vun de Sanktiounen op eis Ekonomik an op eis Aarbechtsplazen? Wéi entwéckele sech d'Zëns-sätz? Déi lescht Woch huet d'EZB jo schonn annoncëiert, datt se d'Zësen am Juli wäert erhéijen.

Wäert de Covid am Hierscht nach eemol en Impakt op eis Ekonomik hunn oder net? Och dat ass fir eis eng berechtigt Fro, déi haut weeder vun de Wëssenschaftler a Fuerscher nach vun den Ekonomisten, Finanzexperten oder Statistiker beäntwert ka ginn.

A geroode mer wéinst all deene Facteuren, déi ech elo genannt hunn, net an eng Rezessioun? Kee kann haut wëssen, wéi et weidergeet, an och déi beschte Berechnungen vum Statec ginn eis just eng Indication vun deem, a wéi eng Richtung et kéint goen – mat Betounung op „kéint“.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Dir Dammen an Dir Hären, grad an onsécheren Zäite wéi dësen ass de Staat gefuerdert an domat och d'Regierung. Hir Aufgab ass et, souwuel d'Birger/inne wéi och d'Betriber souwäit wéi méiglech virun de Konsequenzen vun der Kris ze schützen an do ze hëllefen, wou d'Hëllef am meeschte gebraucht gëtt. Dat huet an der Covidpandemie scho gezielt an dat zielt och elo an der Tripartite, wou am Dialog mat Patronat a Gewerkschaften decidéiert ginn ass, déi Schwächst an der Gesellschaft am meeschten ze stäerken, well et si si, déi proportionell zu hirem Akommes am stäerkste

vun der Inflatioun betraff sinn, besonnesch um Niveau vun den Energiepräisser.

**Une voix** | Ganz richtig!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | An et si si, déi d'Enner um Enn vum Mount oft schwéier zesummekréien. Dowéinst sti mer voll a ganz hannert dem Crédit d'impôt énergie, dee mat deem Projet de loi selektiv fir déi ënnescht a mëttel Lounklassen agefouert gëtt an déi op den 1. Abrëll 2023 verréckelt Indextranche an dës Lounkategorien iwwerkompenséiert. Esou eng cibléiert a sozial gerecht Moossnam gëtt et kaum an engem anere Land a se ass och eng Première fir Lëtzebuerg.

D'Zuele vum Statec bestätegen de Sënn vun dëser Moossnam, och wann Einzelner behaupten, déi virleend Zuele wiere just eng Moyenne. Dat ass net falsch. Et ass och richtig, datt d'Extremer net all am Detail consideréiert ginn. Dozou wëll ech awer dann nach zwou Saache soen.

Éischtens: D'Zuele vum Statec weise ganz kloer, datt d'Moossnamen, déi zanter dem Ufank vum Joer scho geholl goufen, de Pouvoir d'achat an allen Akommeskategorien däitlech gestärkt hunn. Am léifste géif ech d'Wuert „Pouvoir d'achat“ duerch „Pouvoir de vie“ ersetzen, fir auszudecken, datt d'Liewen an d'Liewenskonditiounen an enger Kris méi eng grouss Bedeitung mussen hu wéi de Konsum, woumat ech net dat mengen, wat e Mënsch brauch, fir wierdeg ze liewen – dohier „Pouvoir de vie“.

Egal wéi een et nennt, bei deenen niddregste Revenue schwätze mer beim Steierkredit vum iwwer 450 Euro am Mount. D'Tabelle si bekannt.

Um Niveau vun de Besoins essentiels de la vie, wouzu och d'Alimentatioun gehéiert, stellt dee Montant ganz sécher eng bedeitend Hëllef duer a mécht ville Mënschen d'Liewe méi einfach.

Wat d'Student/innen ugeet, esou kënnen si natierlech net vun engem Steierkredit profitéieren. Als Géigeleistung kréie si dofir awer e Plus vun 10 Milliounen accordéiert. An och dat muss gesot ginn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Zweetens: Eebe grad well et vill verschidde Liewenssituatiounen gëtt, ass déi breetgefächert Approche vu verschiddenen Hëllef am Tripartite-Accord pertinent. Mam Accord kënnen mir e Maximum vun deene méi vulnerabele Stéit errechen, wou ech dann eeben net just vum Steierkredit schwätzen.

Zesumme mat all deenen aneren Hëllef, déi net nëmmen am Tripartite-Accord, mee scho virun um Energiedësch an am Beräich vum Logement festgehal goufen, huet dës Regierung e globale Solidaritéitspak vun 850 Milliounen Euro op d'Schinn bruecht, vun deem d'Mënschen an anere Länner nëmme kënnen dremen.

D'Verréckele vun der zweeter Indextranche vun deem Joer op dat nächst huet sengersäits näischt mat Indexklau oder mat engem iwwerdriwwene Kaddo an d'Betriber ze dinn. D'Verréckele vun där Tranche huet berechtigt Grënn. An dës Moossnam berout ganz genee op deem, wat an der Vergaangenheet scho méi oft am Konsens mat alle Sozialpartner decidéiert ginn ass, net zulescht 2012, allerdéngs ouni selektive Steierkredit. Virun allem de klengen a mëttelgrouse Betriber liwwert d'Verréckele vun der Indextranche dee finanzielle Sauerstoff, dee se brauchen, fir trotz der rasanter Inflatioun ze iwwerliewen a keng Leit entloossen ze mussen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Dir Dammen an Dir Hären, de Gros vun de Betriber zu Lëtzebuerg si

keng Multinationallen, déi och a Krisenzäiten aus dem Volle schöpfe kënnen a sech och a Krisenzäite seenen – ouni Rücksicht op Verloscht vun Aarbechtsplazen a sozialer Stabilitéit. An deem Kontext ginn ech de Gewerkschaften Recht, wa se kritiséieren, datt op deem Plang nach en Detailbarometer muss erstallt ginn, eng Detailanalys.

De Gros vun de Betriber – dat wëll ech awer dann doropshi betounen –, déi zu Lëtzebuerg implantéiert sinn, si kleng a mëttelgrouss Familljebetriber, déi op eng gewësse Planungssécherheet ugewise sinn.

**Une voix** | Ganz richtig!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann dës Betriber hir Rechnungen net méi kënnen bezuelen, sech verschelden an hir Aktivitéite reduzéieren, wa se sech aus Angscht virun inflationäre Präisser net méi un de Marchés publics bedeelegen – wat d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce an de Kommissiounen ënnerstrach hunn an do virdu gewarnt hunn –, wann dës Betriber Leit entloosse mussen, da leit dorënner net just d'Patronat, da leit dorënner och d'Salariat, an net ze knapp!

D'Medail huet also zwou Säiten, oder anescht ausgedréckt: Patronat a Salariat sinn zwou Säite vun där selwechter Medail, an déi Medail däerf net ausernegerappt ginn.

Mam virleende Projet de loi kréien d'Betriber zwar net déi komplett Planungssécherheet, déi se sech eigentlich erhofft hunn. Zumindest wësse se awer schonn elo, datt déi imprevisibel Inflatioun zumindest net drop erausleef, datt se direkt dräi – oder wie weess wivill – Indextranchen op ee Coup mussen ausbezuelen. Dat schützt net nëmmen den Emploi, et verhënnert och, datt d'Betriber d'Méikäschen un hir Clientë weiderginn. An och dat wär nodeleg fir d'Stéit.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann ech den Tripartite-Accord verteidegen, da wëll ech domat net soen, datt et mat deem Accord gedoen ass an datt een d'Lidd vum Heinrich Heine ka sange mam Titel „Die Welt ist so schön und der Himmel so blau“. Dat ganz sécher net, wa mer dës Projet de loi gestëmmt hunn.

Den Accord ass allerdéngs eng gutt a vertriebar, eng sënnavoll Reaktioun op déi aktuell Entwécklung, déi vun enger Inflatioun gepräagt ass; eng Inflatioun, wéi mer se nëmme sielen erliewen. A well dës Inflatioun nun emol onberechenbar ass, ass et och evident, datt „step by step“ op d'Entwécklung reagéiert muss ginn an datt d'Moossnamen dee Moment am konstruktiven Dialog weiderhin ugepasst mussen ginn. Dat bedeit, datt mer d'Evolution fest am Bléck mussen behalen a falls néideg mat weidere sozial an ekonomesch cibléierte Moossnamen mussen reagéieren. Dee Moment ass et wichteg, datt déi éischt Erfahrungswärter aus deene schonn decidéierte Moossnamen aflësse sollen.

Ech denken hei virun allem un d'Reduzierung vu 7,5 Cent um Spritt, déi net op eiser Mësch gewuess ass – dat wësst Der alleguer –, mee déi mir bekanntlech aus Solidaritéit zu de Verhandlungspartner an och aus der Kompromissbereitschaft eraus matgedroen hunn, wuel wëssend, datt och déi aner Verhandlungspartner kompromissbereit waren. Dat ass nun emol de Geescht vun all Tripartite.

Haut stellt sech eraus, datt d'Reduzierung um Spritt effektiv net der Weisheet leschte Schluss ass. Am Ausland, zum Beispill an Däitschland, wat op méi grouss Erfahrungswärter zrëckgräife ka wéi Lëtzebuerg, beweist sech nämlech schonn haut, datt esou en Tankrabatt net déi effikaste Measure ass, fir de Stéit ze hëllefen.



Den Effekt – geet aus der internationaler Press ervir – verpufft zum groussen Deel a kënn virun allem net nëmme bei deenen ënneschte Schichten un, déi d'Ënnerstëtzung am néidegsten hunn. Villméi lafe Rabatter wéi dësen op eng Géisskanepolitik fir Besserverdéngeger eraus, déi mat grousser Bensinner an Dieselautoe wäit fuere wëllen.

Deem géintwuer kommen eis Moossnamen, deem géintwuer kommen d'Mesurë wéi de Steierkredit a vill aner Hëllefen tatsächlech bei deenen un, déi se brauchen – eebe grad och bei deenen, déi e Bensinnauto, en Dieselauto brauchen, déi drop ugewise sinn an domat musse fueren, an och déi, déi sech keen Elektroautoe kënnen leeschten. Dat nennt sech net Verbuetspolitik, dat nennt sech cibléiert Ënnerstëtzungspolitik.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | An och an deene Beräicher – dat wëlle mer zouginn – gëtt et e gewësenen Handlungsbedarf. Fir eis ass dat e wichtige Punkt, deen ech kuerz wëilt erklären.

Viru genee engem Mount, hat d'Familljeministesche Corinne Cahen op eng mëndlech Fro vun eiser Fraktiounskolleegin Djuna Bernard geäntwert, datt zu deem Moment eréischt knapp 400 Biergerinnen a Bierger d'Prime énergie ugefrot hätten. Fir déi Primm sinn awer ganzer 10.000 Mënschen eligibel. Dat heescht, net emol 5 % haten d'Hëllef bis dohin an Usproch geholl, obwuel se eigentlech drop ugewise sinn.

Sollten aktualiséiert Zuele virleien, wiere mer natierlech frou, déi ze kréien, an der Hoffnung, datt sech eppes beweegt huet.

Dat ass awer net de sprangende Punkt. Ech hunn dëst Beispill éischter genannt fir ze weisen, wéi wichteg et ass, gutt a verständlech mat de Biergerinnen a Bierger ze kommunikéieren. Wann et drëms geet, déi sozial schwach Familljen ze ënnerstëtzen, da muss ee se jo och fir d'éischt emol erreechen. Dat ass an eisem klengen Land net ëmmer ganz einfach, wann een d'Sprochevillfalt kuckt. Domat wëll ech och kengem d'Schold zouschiben.

Et ass einfach e Problem, dee mer och schonn an der Pandemie kennegeleiert hunn, wou mer gemierkt hunn, datt déi sozial schwach Familljen, am Ufank jiddefalls, am mannste vun der Impfung Gebrauch gemaach hunn, well se net woussten, wéi se sech sollten uleeën.

Ech kommen zum Logement, deen och sozial schwach Familljen natierlech am stäerkste betrëfft. Ech schwätze vun de Logementspräisser. Och an deem Beräich muss Ënnerstëtzung flëssen.

D'Situatioun um Wunnengsmaart war scho virum Klamme vun der Inflation immens belaaschtend. A mat deem Gesetz ënnerstëtze mer dann d'Locataire mam sougenannte „Gel des loyers“, dee jo schonn emol an der Pandemie decidéiert gi war. Nach méi wichtig – vill méi wichtig – gëtt awer den zweeten Deel vun deem Gesetz, de Projet de loi 8000B, deen an d'Logementskommissioun transferéiert ginn ass an deem ech haut dowéinst net virgräife wëll.

Dat féiert mech dann zu mengem zweetleschte Punkt, an zwar zu deem vum Aarmutrisiko, dee sech scho virun der rasanter Inflation méi bemierkbar gemaach huet. Déi nei Zuelen aus dem „Panorama social“ ënnersträchen dës bedenkeleche Entwécklung, virun allem bei den elengerzéienden a bei de kanneräiche Familljen.

D'Regierung huet, wéi scho gesot, drop reagéiert, mee d'Inflation riskéiert, de strukturelle Problem vun de klammenden Ongläichheeten an der Aarmut

weider ze verschäerfen. Onofhängeg vun de kuerzfristegen Hëllefmoossnamen, déi mat deem Projet de loi decidéiert ginn, muss also och iwwerluecht ginn, wéi mer deene Stéit dauerhaft um strukturellen Niveau kënnen hëllef.

An deem Sënn geet et effektiv net duer, just vum Index ze schwätzen, well deen eleng wierkt keng Woner. Dat wësse mer alleguer. D'Léisung läit fir eis ganz kloer a méi enger gerechter Steierpolitik, an do gëtt et vill verschidde Weeër, fir och do méi geziilt a cibléiert virzegoen.

D'Steierdebat, déi an engem Mount stattfënnt, plus ou moins, bitt eis d'Geleeënheet, eis am Detail domat auserneezenesetzen an ze kucken, wou d'Gemeinsamkeiten an d'Differenzen dann och tëscht de Parteien heibanne leien. Et gëtt bestëmmt spannend.

Dir Dammen an Dir Hären, wa mer dëse Projet de loi haut stëmmen, dann ass dat manner spannend. Et ass eng Noutwendegkeet fir eist Land a fir seng Biergerinnen a Bierger.

An dann däre mer eppes net vergiessen: Mir därefen net vergiessen, datt d'Kris, déi dëse Projet de loi noutwendeg gemaach huet, virun allem d'Resultat ass vun eiser grousser Ofhängegkeet vu fossillen Energien.

Carrement entscheidend, fir d'Sécherheet nees ze erhéien an Zukunft, ass dowéinst net eleng dëse Projet de loi – loin de là. Entscheidend sinn och déi sëllegen aner Moossnamen, déi d'Energietransitioun beschleunegen a geduecht sinn, fir der Ofhängegkeet vun de fossillen Energien en Enn ze setzen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Elo, wou d'Präisser vun de fossillen Energien explodéieren an déi vulnerabel Schichten nach méi vulnerabel maachen, schwätze méi Argumenter wéi jee fir eng schnell, propper a sécher Energietransitioun als Garant vu Versuerungssécherheet, Gerechtegkeet a Fridden, net awer fir eng Politik, déi d'Ofhängegkeet vu fossillen Energien nach fërdert.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Souwuel den Tripartite-Accord wéi och d'Moossnamen, déi ausserhalb vum Accord op d'Schinn gesat gi sinn, droen deem wichtigen Aspekt Rechnung a sinn e weidert Argument, firwat mir dëse Projet de loi mat Iwwerzeugung stëmmen.

Domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren. A merci nach eng Kéier de Membere vun der Kommissioun fir déi konstruktiv Aarbecht, déi do geleescht ginn ass.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Madamm Lorsché, erlaabt Der, dass den Här Kartheiser eng Fro stellt?

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Et hânt dovunner of, ob en erëm e Film wëllt op Facebook setzen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Nee, nee, nee. E kéint se och direkt angeschlossen stellen, well hien ass direkt deen nächste Riedner.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech soe villmools Merci, Här President. Ech wollt awer profitéieren, well d'Madamm Lorsché awer e wichtige Sujet ugeschwat huet, nämlech dee vun der Energietransitioun. Et ass e Sujet, deen hir jo och vill um Härzer läit.

Ech wollt just drun erënneren: Den Här Turmes hat hei gesot virun e puer Méint, oder am Cercle, mengen ech, war dat nach, datt mer ... well déi alternativ Energië

sinn intermittent. Dir wësst, wa keng Sonn schéngt a kee Wand ass, hu mer e klengen Problem do. An en huet gesot: „De Backup ass de Gas.“

Elo wollt ech Iech da froen: Wat ass dann Äert Konzept fir alternativ Energien, wann Der wëllt vun de fossillen Energien an deem deiere Gas ewechkommen? Wat ass dann Äre Backup elo fir déi fossill Energien ... also fir déi alternativ Energien?

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Ech komme mer heiansdo bei Iech vir wéi an der Schoul.

(Hilarité)

Ech spillen dann hei e Kand, wat dann d'Fro beäntwert.

Ech wëllt drop hiweisen, datt den Här Turmes e ganz grousser Projet mat anere Länner ugaangen ass, wou mir der Meenung sinn, datt mir eleng zu Lëtzebuerg net eens ginn, wa mer eis nëmme op eis beschränken, mee datt d'Energietransitioun zesumme mat anere Länner muss oflafen.

Ech wëllt Iech drop hiweisen, datt mer do mat Holland iwwert d'Belsch ewech e ganz grousser Projet lafen hunn. An de Wand bléist och iwwert d'Grenzen eraus. Ech mengen, wa mer all zesummen un engem Strang zéien, komme mer méi wäit, wéi wa mer et hei mat Leit ze dinn hunn, déi alles blockéieren, wat déi gréng an d'Weeër wëlle leeden.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci der Madamm Lorsché. An dann, jo ..., da kënn Der elo all d'Fro stellen, déi Der wëllt, Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och ufänke mat engem grousser Merci un den Här Baum. Alles, wat gesot gouf u Positivem haut, Här Baum, iwwert Iech, ass absolutt wouer! Dir hutt e gudde Rapport gemaach an Dir hutt eis Aarbechte gutt geleet. E grousser Merci dofir.

Den 1. Juni hat den Index säin 100. Gebuertsdag gefeiert, den 1. Juni 2021. Dat ass nach net ganz laang hier. An där langer Zäit huet e vill Krisen gesinn a vill Krisen iwwerlief. E gouf och ëmmer an där enger oder anerer Form a Fro gestallt. De Wuerekuerf sollt geännert, manipuléiert ginn. Den Index sollt och emol gedeckelt, verréckelt oder ganz ausgesat ginn. A virun net allze langer Zäit – ech mengen, den Här Bauler hat och drun erënnert – hate mer Krisen: de belsche Frang, d'Bankekrise an esou weider, wou jo och dann déi grouss Diskussioun waren.

Fir eis op jidde Fall ass a bleift den Index e wichtige Piliër vum Lëtzebuurger Modell an e Garant vum soziale Fridden. En ass kee Mechanismus vu Gehaltsopbesserungen, wéi Eenzelner et och proposéieren. En ass net derfir geduecht, net derfir geeegent. Mee e soll just opgrond vun engem zuverlässigen Automatismus de Verloscht vun der Kafkraaft duerch d'Inflation ausgläichen.

Well mir am Abléck eng héich Inflation hunn, ass den Index nees an d'Diskussioun geroden. Dës Kéier gëtt déi Diskussioun an hirer Verrécklungsvariant geféiert. Déi gouf am Tripartite-Accord vum Mäerz zréckbehalen an ass och haut de Kär vum Gesetzesprojet, dee mir diskutéieren.

Vill Leit kréien am Abléck déi zwee Enner net méi zesummen. Mir liewen an enger Zäit, an där ëmmer méi Leit existenziell Suergen hunn. D'Inflation ass op engem Niveau, wéi mir en zënter Joerzéngten net méi kannt hunn. Schold dorunner sinn zum Deel nach d'Konsequenze vun der Pandemie, awer och

d'Geldpolitik vun der Europäescher Zentralbank, hausgemaachte Steieren an Tariffer – ech muss Iech do widdersprieche, Här Bauler. Dir hat gesot, et géife keng Steiererhéijunge ginn. D'Kuelendioxid-steier zum Beispill gétt den 1. Januar nees gehéicht; dat ass hausgemaach –, an déi kontraproduktiv Effekter vun der Sanktiounspolitik an doduerch déi enorm Inflation bei den Energiepräisser.

Här President, an dëser Situatioun wëlle mir als ADR e ganz kloer Message ginn: Mir bekennen eis zum Index a wëllen deen normalen Indexmechanismus net ausser Kraaft setzen. Den Index ass jo e wichtege Pilier, wéi gesot, vum soziale Fridden. An en ass en Atout fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg – genau dowéinst. Mir kennen awer och ganz genee d'Suerge vun eisen Entrepreneuren. Bei der Tripartite wäert mir dowéinst op de Wee gaangen, fir d'Betriber nach vill méi ze stäerken an ze ënnerstëtzen, dofir awer den Indexsystem integral ze preservéieren.

Mir begrëssen aus soziale Grënn, dass wéinstens Steierkreditter agefouert goufen, fir d'Verleeë vun der nächster Indexbranche fir manner héich Revenuen ze kompenséieren. Awer Steierkreditter si kee Kafkraaftausgläich fir jiddwereen. A Steierkreditter hunn och hir Nodeeler. Et ginn zum Beispill keng sozial Chargen op si bezuelt wéi Pensiounsbeitrëg.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Den OGB-L ënnersträicht dowéinst och zu Recht, dass déi Kompensatiounen steierfinanzéiert sinn an domat zum Deel vun deene matbezuelt ginn, déi sollen dovu profitéieren.

Vill Dealer vum Revenu ginn net kompenséiert: Iwwerstonnen, Sonndes-, Nuetsaarbecht, Schichten, Primmen an esou virun. Dowéinst ass dat Argument vun enger deelweiser Iwwerkompenséierung an eisen Aen net iwwerzeegend.

D'ADR besteet och drop, dass Verloschter bei de Familienzoulagen, déi eréischt viru Kuerzem nees indexéiert goufen, mussen weider integral kompenséiert ginn.

Här President, et mécht eis Suerge, dass d'Regierung anscheinend virsätzlech e Kompensatiounsmodell gewielt huet, bei deem bei gläichem Gesamtkommes vun engem Stot déi, déi zu zwee schaffe ginn, besser ewechkomme wéi déi mat nëmmen engem Revenu.

D'ADR vertritt konsequent e Familljmodell, deen d'Famill soll stäerken an an deem d'Famill ka souverän, ouni all Form vu staatlecher Benodeelegung, decidéieren, wéi ee Liewensmodell fir si dee richtegen ass. Eng Benodeelegung vun engem Modell géint iwwer engem anere kënnert fir eis net a Fro. Hei ass et esou, dass och déi elengerzéiend Leit besonnesch leiden.

Här President, wann eng Partei sech zum Index bekennt, wéi mir et maachen, muss si jo awer op Defie vum Abléck eng kredibel Äntwert hunn. Dowéinst hu mir jo insistéiert, dass Betriber solle massiv ënnerstëtzt ginn, fir den Indexsystem kënnen bäizebehalen. De Finanzvolumen – deen ass jo ganz grouss: 800 Milliounen a méi –, dee mir elo huelen, fir Kompensatiounsmoossnamen ze finanzéieren, hätt ee kënnen huelen, fir d'Betriber ze stäerken a si méi kompetitiv ze maachen. Dat wäert e reellen Investissement an eis ekonomesch Zukunft gewiescht.

Mir kennen de Förderungskatalog vun eiser Industrie an eise Handwierk. Abee, d'ADR hätt genee dee Katalog zesumme mat eise Betriber an Ugrëff geholl an an d'Realitéit ëmgesat. Mir hätten eng volontaristesche Wirtschaftspolitik gefouert; eppes, wat dës Regierung net bréngt.

D'Verlagerung vun engem Deel vum Index op de Staatsbudget a Form vu Steierkreditter ass mëttelfristeg keng gangbar Léisung. Duerch d'Gambia-Politik aus deene leschte Joren ass eist Land esou héich verschëlt, dass mir elo schonn no un deenen 30 % vum Bruttoinlandsprodukt Scholde leien, déi mir net wëllen an net därefer errechen.

Et ass en Ënnerscheed tëscht eiser Finanzanalys an där vun der LSAP op dësem Punkt, well d'LSAP huet e ganz, ganz labberen an onverantwortlechen Ëmgang mat der öffentlecher Schold. Mir net! Mir gesinn déi als eng Gefor. Mir riskéieren nämlech de Verloscht vum Triple-A mat potenziell ganz schlimme Konsequenzen fir d'Finanzplaz an domat fir eis Ekonomie am Allgemengen. Mir kënnen net all weider Indexbranche iwwer nei Scholde finanzéieren.

Ofhängeg vum Verlaf vun der Inflation kann et sinn, dass d'Tripartite nees geschwënn zesummekënnert. Dat géife mer dann natierlech begrëssen, well mer eis zur Tripartite bekennen. Awer och hei ass eise Message kloer: De Wee iwwert de Staatsbudget, iwwer Steierkreditter kann net repetitiv deen anscheinend méi bequeme Wee sinn oder bliwen! Eis Verscholdungs-capacitéiten hu Grenzen, an och Scholde mussen zréckbezuelt ginn. Dowéinst muss een alles maachen, fir de Betriber esou vill ze hëllef wéi nëmme méiglech. Doudou gehéiert, dass besonnesch energieintensiv Betriber mussen massiv gehollef kréien.

D'ADR weist nach eemol drop hin, dass déi aktuell Sanktiounspolitik de Krich kaum beaflosst, awer virun allem eis selwer schuet. Fir eis wiest de Risiko, dass energieintensiv Industrien Europa verloossen. Niewent dem „Carbon leakage“ duerch eng dacks onvernénteg radikal Ëmweltpolitik kréie mir dann och nach e „Sanctions leakage“.

Do muss ech der CSV och soen: Si huet och op verschide Geforen do opmierksam gemaach. Op där anerer Säit ass et déi Partei, déi en direkte kompletten Embargo op Gasliwwerunge verlaangt. Jo, wat wäert dann d'Inflation dorobberhin, wann déi Politik géif ëmgesat ginn? Dat ass net kohärent.

D'ADR freet och eng Upassung vun der Steiertabell un d'Inflation, déi an eisen Ae scho laang iwwerfällg ass. Amplaz Steierkreditter ze bezuelen, soll de Staat op Steiere verzichten, déi hien iwwerhaupt net zegutt huet.

Mir hunn als ADR ausserdeem och verlaangt, dass de Mindestlohn soll steierfräi sinn. An der leschter Woch hate mer hei plädéiert, dass eis Sprittpräisser ëmmer ënnert deem niddregsten Niveau vun eisen Nopeschlänner mussen leien. An dat ass vun alle Parteien refuséiert ginn, ausser vun der CSV, déi sech enthalten huet.

Awer do muss ee wierklech froen: Wou ass den ekonomesche Verstand? Well et ass hei nach eng Kéier ze ënnersträichen, dass dat eng ganz wichteg Recette an eise Staatsbudget ass. An et ass och eng sozial Moossnam am duebele Sënn: D'Leit bezuele manner op der Tankstell – wat ganz wichteg ass –, a mir kënnen jo déi Recetten, déi mer am Staatsbudget hunn, dann nees ëmverdeelen, zur Hallschent, zu Sozialtransferten.

Ech mengen, wann hei soi-disant sozial oder sozialistesche Parteien esou eng Moossnam net matstëmmen: Dat ass net ze verstoen! A mir müssen eis awer wierklech wonneren, dass déi gréng hei nees erëm eng Kéier e Plädoyer gehalen hu géint déi 7,5 Cent – dat ass net vill – Noloss un der Pompel an och nach soen, dass wäert falsch. All Nopeschlänner ginn op dee selwechte Wee.

Bei der CSV muss een och soen: Si huet sech d'lescht Woch enthalten an där Moossnam. An ech gesinn do net esou richteg den Ënnerscheed zwëscht där aler

CSV an där neier vun dëser Woch, well, ech mengen, wa mer dat haut géifen zur Debatt stellen, déi Resolution, déi mer d'lescht Woch bruecht hunn: Géift Der se dann dës Kéier matstëmmen oder net? Well Dir hutt en Discours, deen ech och respektéieren. Dir sot dat, wat mir soen, an dësem Kontext, mee Dir stëmmt awer anescht, wéi Der et d'lescht Woch gemaach hutt. Dir hätt eis och kënnen ënnerstëtzen.

D'ADR huet en Asaz fir d'Betriber, deen nach iwwert dee Förderungskatalog erausgeet, dee mer jo kenne vun der Fedil a vum Handwierk an esou weider ... Mir hate jo zum Beispill viru Kuerzem nach gefuerdert, dass mer och sollte Kompensatiounsmoossnamen aféieren, wa Leit aus dem private Secteur, déi do ausgebild goufen op Käschte vum private Secteur, bei de Staat wiesselen. Do misst e Kompensatiounsmechanismus geschafe ginn, fir dass de private Secteur dann dofir kann entschidegt ginn.

Dëse Projet de loi kënn mer aus deene genannte Grënn net ënnerstëtzen. Mir bekennen eis, wéi gesot, zum Indexmechanismus. Mir sinn awer prinzipiell frou, dass dës Kéier iwwerhaupt nach eng Léisung an der Tripartite fonnt gouf, och wann et net déi ass, déi eis Präferenz hätt, an och wann déi net vu jiddwengem konnt ënnerstëtzt ginn. Mir soen dem Patronat an de Gewerkschaften, an zwar alle Gewerkschaften, Merci fir deen Asaz, dee si fir eist Land an eis Leit gewisen hunn a weider weisen.

Et komme schwéier Zäiten op eis duer a mir brauchen all d'Sozialpartner, fir ouni Sträit an onnéideg Konflikter zesumme Léisungen ze entwéckelen. D'Tripartite muss sech an dësen Zäite beweisen, esou wéi si et scho fréier gemaach huet.

Här President, fir eisen Asaz fir d'Betriber awer nach ze dokumentéieren, wollte mer Iech eng Motioun hei och iwwerreechen, déi eigentlech just dee Prinzip festhält, dass mer sollen d'Betriber souwäit ënnerstëtzen, dass mer kënnen den Indexmechanismus, ouni Aschränkungen, bäibehalen a kënnen sécher sinn, dass eis Betriber dat och packen.

Ech soen Iech Merci.

### Motion 1

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, dass*

– vill Betriber, ë. a. wéinst der Inflation, de Konsequenze vun der Covidpandemie an der Sanktiounspolitik géint Russland, mat ville Schwieeregkeeten ze kämpfen hunn;

– dass den Index e wichtege Pilier vum Lëtzeburger Sozialsystem ass an och a schwieerege Zäiten net sollt a Fro gestallt ginn,

*fuerdert d'Regierung op,*

– de Betriber déi néideg Ënnerstëtzung zoukommen ze loosse, fir dass den Indexsystem och an Zäite vun enger héijer Inflation ouni Aschränkunge weider fonctionéiere kann.

*(s.) Fernand Kartheiser.*

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Kartheiser. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorable Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) |** Här President, an der Politik geet et ganz vill ëm Erzielungen, ëm en Narrativ, also ëm d'Aart a Weis, wéi ee politesch Decisioun verpaakt, a virun allem awer och, wéi ee se no bausse verkeeft.

D'Regierung huet probéiert, d'Indexmanipuléierung als eenzeg rasonabel Äntwert op eng Krisensituatioun



duerzustellen. Si huet den Narrativ opgebaut, enger-säits op d'Märche vum onsozialen Index – e Märchen, dat jo vum Patronat scho säit laange Jore verzielt gëtt, fir d'Salariat ze splécken – an anersäits op déi anscheinend katastrophal Situatioun, an där sech ons Betriber géife befannen.

Dës zwee Argumenter vun der Regierung sinn aus enger lénger Perspektiv net valabel. A se si jo och net just vun eis demontéiert ginn, mee vum ganze léns-progressive Lager hei zu Lëtzebuerg. Et ass eng Erzie-lung, déi enger genauer Analys net standhält.

Well wat war d'Ausgangslag virun der Tripartite?

Ufanks vun dësem Joer huet d'Inflatioun sech zolidd beschleunegt. D'Ursache si bekannt: déi staark Re-prise vun der Consommation no der Covidpandemie, wéi d'Offer net méi nokoum; d'Confinement a China, déi sech op déi international Liwwerketten auswirken; an natierlech déi relativ spektakulär Hausse vun de fossillen Energien, ausgeléist vum russeschen Ugrëffskrich géint d'Ukrain; an d'Spekula-tiounen, déi doduerch nach verstärkt gi sinn.

D'Energiepräisser stoungen a stinn och haut nach am Zentrum vun der Regierungskommunikatioun, obwuel d'Leit dobausse genee wëssen a spieren, datt mir mëttlerweil eng generell Präishausse hunn, déi virun allem de Caddie am Supermarché méi deier mécht.

Op dës Situatioun goufen et verschidden Äntwerten, mee d'Regierung huet sech ganz fréi – béis Zonge géife behaapten: scho virun der Tripartite – op déi ganz simplisteschen Optioun vun enger Indexmanipulierung festgeluecht. Si huet esou gemaach, wéi wann d'Entreprises déi Eenzeg wieren, déi ënnert der Präis-deierecht géife leiden – an dat obwuel et jo eigentlech d'Menagé sinn, déi d'Zopp mussen ausläffelen.

A virun allem huet d'Regierung et esou duergestallt, wéi wann alleguerten d'Entreprises um Rand vum Of-grond géife stoen, egal ob et sech ëm e klengen Hand-wierksbetrib oder e grouse Bankekonzern handelt. Fir déi Duerstellung konnt se awer bis haut nach keng Zuelen op den Dësch leeën. Au contraire: D'Wirtschaft rullt, de Chômage ass niddreg, d'Optragsbicher si voll a ganz vill Entreprisë maache Rekordgewënner, wéi mer an de leschte Woche gewuer gi sinn.

Jo, vill Betriber fanne souguer keng Leit méi a fäerten elo, datt sech déi Situatioun duerch d'Lounerhéijung an den Nopeschlänner bei gläichzäiteger Lounsta-gnatioun bei eis och nach verschlëmmere wäert. All dës Betriber kréien elo indirekt eng zousätzlech Finanzsprëtzt vum Staat. Well d'Manipulation vum Index ass jo näischt anescht wéi eng Staatshëllef mat der Strenz fir sämtlech Betriber, an dat op Käschte vum Stellwäert vun der Aarbecht.

Wat awer kloer ze beleen ass a war, datt ass déi pre-kär Lag vun ëmmer méi Stéit, vu ville schaffende Leit a vun Elengerzéienden, déi éischter zousätzlech Hël-lefstellige fir déi Stéit erfuerdere géif an eng Index-manipulation a kengster Weis rechtfertegt.

Wat wär also déi alternativ Optioun zu enger Index-manipulation gewiescht?

Wéi mer jo haut wëssen, ass d'Regierung bereet, eng Mouk vu ronn 800 Milliounen ze deblockéieren. Steiergelder, déi elo geholl ginn, fir d'Menagen ze kompenséieren fir eng Indexmanipulation, déi jo just dem Patronat zegutt kéint. An e gudden Deel vun deem ganze Pak Sue gëtt doriwwer eraus och nach geholl, fir zousätzlech zu der Lounstagnatioun och nach e ganz generéis Hëllefspak fir d'Patronat ze finanzéieren.

Mee 800 Milliounen, dat si ganz vill Suen! Wann ee se gezielt do asetzt, wou se wierklech gebraucht ginn, wann ee se asetzt, fir deene Menagé gezielt – well sozial gestaffelt – ënnert d'Äerm ze gräifen, a wann ee se ganz gezielt asetzt, fir justement deene klenge Betriber ze hëlfe, déi tatsächlech an nowieslech weinst der Präisdeierecht un d'Schleidere geroden. Dat wär déi besser Optioun gewiescht: den Index net unzepaken an dofir déi 800 Milliounen do anzesetzen, wou se wierklech gebraucht ginn! Dat hätt jo näischt verhënnert. Well letztendlich geet et nämlech ëm eng Deierecht vun de Rostoffer, an déi ass net mat Lounpolitik ze léisen, mee just mat gezielten Hëllef fir déi Menagen a Betriber, déi staark dovunner betraff sinn.

Mee déi Optioun gouf net consideréiert. D'Regierung ass de Wee vum ekonomesche Mainstream gaangen, dee jo ëmmer méi lädiert ass an a Fro gestallt gëtt. De Mainstream, dee beseet, datt bei ekonomesche Krisen d'sozialpolitesch Schrauwe mussen ugezunn a Lounmoderatioun muss imposéiert ginn, fir datt d'Rentabilitéit vun de Betriber esou héich wéi méig-lech bleift. An dofir ass se mat der Strenz iwwert dat ganz Patronat gefuer.

D'Profitter ginn hei geschützt an d'Aarbecht gëtt do-bäi geaffert. Dat ass d'Realitéit an den Hannergrond vun deem, wat hei geschitt, a soss näischt anescht!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Un dëser Lek-tür ännert sech och mat deem ofgeännerte Geset-zesprojet näischt! War am ursprünglechen Text eng Streckung vun Indextranché bis 2024 virgesinn, esou ass dat elo zwar just bis 2023 de Fall, allerdéngs soll bei enger nächster Tranche eng Tripartite stattfan-nen. Mee duerch dës Decisioun, déi aus der polite-scher Erklärungsnot vun de Regierungsparteien eraus entstanden ass, geet dat ganz Spill d'nächst Joer erëm vu vir lass.

Eng Indextranche bedeit also elo net méi eng auto-matesch Upassung vun de Léin, esou wéi mir dat bis elo kann hunn. Eng Indextranche bedeit elo just en automatescht Aberuffe vun enger Tripartite, wou da muss verhandelt ginn. Amplaz den einfachen a previsibelen Indexmechanismus bäizebehalen, huet d'Regierung elo eng allgemeng Onsécherheet fir d'Bierger/inne geschafen.

Dat ass elo déi nei Realitéit, déi vu Blo-Rout-Gréng fabrizéiert gouf. Dat ass de strukturellen Ugrëff op den Index, deen hei vum Patronat inzenéiert gouf an deen zu Recht vun der gréisster Gewerkschaft uge-prangert gëtt.

Här President, d'Regierung ass politesch ouni Ambi-tioun. Si reagéiert just nach a kann esou keng Politik méi gestalten. Si rett sech just nach aus enger Kris an déi nächst.

An Zäite vu villschichtige Krise muss een awer Héicht gewannen a Virsprong hunn. Et muss een anticipéie-ren an d'Weiche mussen gestallt ginn, fir datt d'Krisen eis net ëmmer nees op en Neits onerwaart mat der Box erof treffen. Et muss ee seng Politik esou gestal-ten, datt se déi zwee zentral Problemer vun eiser Zäit entschäerft an net nach verschlëmmert, nämlech: déi sozial Ongläichheeten an den ökologeschen Impera-tiv vum Klimawandel.

Well eng Deierecht bei Energiepräisser treëft d'Stéit just da besonnesch haart, wa se keng Alternativ hunn zu de fossille Brennstoffer, wa se prekär lie-wen a wa se vill ze déif Léin hunn. Si treffe virun allem déi Leit, déi an ze deiere Logementer wunnen, déi schlecht isoléiert sinn an nach ëmmer net op er-neierbar Energien ëmgerëscht sinn. An d'Deierecht

am Supermarché gëtt eréischt dann zu der sozialer Bomm, wann d'Menagé scho virdu finanziell op der Limitt sinn.

Dat selwecht gëllt och fir d'Wirtschaft. Firwat sinn dann d'Betriber esou vun der Inflatioun betraff? Ma well se bis haut vum Pétrol a vum Äerdgas ofhängeg sinn, obwuel mer scho säit 40 Joer wëssen, datt mer einfach mussen dovunner ewechkommen.

Firwat muss se bei all Krisesituatioun mat Honnerte Milliounen u Steiergelder gehollef kréien? Ma well se a gudden Zäite keng Reserve méi uleeën a just Pro-fitter astiechen, fir déi generéis auszedeelen – un hir Aktionären –, wuel wëssend, datt déi ëffentlech Hand erëm de Portmonni auspaakt, wann et da wierklech erëm kriddeleg gëtt.

Där Beispiller kann een endlos weider opzielen. Mir mussen elo endlech ufänken, vernetzt ze denken, fir déi sozial, déi ekonomesch an déi ökologesch Erausforderunge vum 21. Joerhonnert couragéiert unzuegoen. Déi al neoliberal Rezept aus dem 20. Joerhonnert bréngen eis all net méi weider! An dofir wäerte mir och aus richteger Iwwerzeugung géint dës Gesetzesprojet votéieren.

Wat mir brauchen, léif Leit heibannen, si couragéiert an innovativ Politiker/innen, sinn nei vernetzt Denk-weisen, sinn nei Léisungen, déi de Mënsch a seng Ëmwelt an de Mëttelpunkt stellen, an net de Profit!

Merci fir d'Nolauschteren.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Lëtzebuerg an Europa sinn dës Joer vun enger Kris direkt an déi nächst ge-rutscht. De Krich an der Ukrain huet eis erëm virun Ae gefouert, wat et bedeit, wann eng Weltmuecht Truppe mobiliséiert. De Krich huet eis erëm virun Ae gefouert, wat et bedeit, a Krichszäiten ze liewen, wou d'Energie méi deier gëtt, verschidde Liewensmëttel méi schwéier ze kréie sinn an d'Zukunft am Generelle méi onsécher ass.

Fir an esou Krisenzäite keng Elenggäng ze maachen, mee gemeinsam mat de Sozialpartner no Léisungen ze sichen, huet Lëtzebuerg den Outil vun der Tripartite; e wichtege participativen Outil, deen eigentlech schonns hätt solle während der Covidkris zum Asaz kommen, esou wéi d'Opposition heibannen dat direkt e puer-mol revendiquéiert huet, mee dee bis elo – viru Kuer-zem – op sech waarde gelooss huet.

Éierlech doriwwer freeën, datt et elo endlech also eng Tripartite gouf, kann ee sech awer trotzdem net wierklech. Et gouf zwar en Accord fonnt, mee en Accord, deen déi gréisste Gewerkschaft hei am Land ausgeschloss huet. Dat ass wuel alles anescht wéi participativ.

Mir Piraten sinn der Meinung, datt eng Tripartite nëmmen en Erfolleg ass, wann all d'Sozialpartner herno een Accord matdroen a wann d'Regierung keng Ultimatum stellt, mee bis zum Schluss oppen ass fir Kompromësser. An dat ass hei net gemaach ginn! Et war der Regierung egal, ob si en Accord géif fannen, dee vu jidderengem gedroe gëtt oder net. Haptsaach, et géif en Accord virleien, deen hir géif gefalen.

Esou dierf de Sozialdialog an eisen Aen net ausge-sinn. An dësen Accord ass domat fir d'Piraten dann och net akzeptabel. Duerch dës sougenannte „So-lidaritéitspak“ – mee u sech kéint een et och en

„Onsolidaritéitspak“ nennen – gött den Index vun der Regierung a Fro gestallt.

Et gött vu méi soziale Moosname geschwat, déi deene Leit sollen hëllefen, déi d'Hëllef brauchen. Dës Moosname sinn awer bei Wäitem net esou sozial a solidaresch, wéi d'Regierung dat wëllt duerstellen. D'Regierung huet och elo scho selwer missen un hirem eegenen Accord an un hiren eegenen Texter nobessere goen. An ech fäerte ganz, datt mer nach net um Enn vun den Nobesserunge sinn.

Ech ginn Iech nämlech ee gutt Beispill. Wann d'Regierung haut dovunner schwätzt, datt et fir verschidde Leit jo zu enger Iwwerkompensatioun kënn, dann ass d'Regierung awer bis haut d'Äntwert schëlleg bliwwen, wat dann nom Auslafe vum Gesetz geschitt. Well deen nächsten Index, deen da fält, deen ass jo manner héich wéi déi Iwwerkompenséierung, déi dann ausleeft.

Ergo gött d'Regierung elo e kleng Bonus, fir datt d'Leit elo séier a kuerzfristeg roueg sinn, fir dann, wann dann den Index erëm agesat gött, ze soen: „A jo, nee, elo si mer erëm am Index“, – wa mer dann erëm am Index sinn –, „an Dir verléiert eppes. Gesitt Der, den Index ass schlecht fir Iech, well nëmme mat der Iwwerkompenséierung vun der Regierung hutt Der eppes Guddes. Also kënnen mer den Index weiderhi manipuléieren.“ Ech mengen, datt dat eng ganz geféierlech Pist ass, léif Kolleeginnen a Kolleegen.

A wat d'Nobesseren ugeet: Wéi d'Regierung sech eng éischte Kéier virun d'Press gestallt huet, éischten emol owes, ganz séier improviséiert, fir datt d'Gewerkschafte jo nëmme solle séier jo soen an och keen op d'Iddi géif kommen, nach eng Kéier Zuelen ze froen, war nämlech och nach net dovunner rieds, datt d'Kannergeld indexéiert géif bleiwen. An et hat och scheinbar keen doriwwer nogeduecht, wat dann elo wier, wa mer 2022 oder 2023 e puer Indextranché misste verréckelen. D'Locatairë vu Sozialwunnengen a Léierjongen a -meedercher waren och ganz vergiess ginn.

*(Interruption)*

Haut läit dann en Accord vir, dee virgesäit, datt keng weider Indextranché geréckelt ginn.

*(Interruption par M. Gilles Baum)*

Also, Här Baum, wann Der eis sot, datt d'Léierjongen a -meedercher dra waren ... Dir hutt selwer dru gezweifelt, an ech mengen, déi ganz Chamber huet dru gezweifelt, ob déi couvréiert wären. An et huet e widderholt Nofroe vun de Kolleeg vum CSV gebraucht, vun der Madamm Hansen gebraucht, fir datt d'Regierung selwer emol drop komm ass, wéi déi dann ofgedeckt wären. Well d'Regierung war sech selwer net sécher, ob se dann drënner fale géifen oder net.

Also elo ze mengen, se wäere vum Dag vum Accord un dra gewiescht, dat ass awer d'Geschicht wierklech e bëssen nei geschriwwen.

*(Brouhaha)*

**Mme Martine Hansen (CSV) |** Hie wousst et och net!

**M. Sven Clement (Piraten) |** Haut läit dann awer een Accord vir, dee virgesäit, datt keng weider Indextranché geréckelt ginn, ouni datt eng weider Tripartite zesummekënn. Dat wier jo elo prinzipiell ze begreifen, och wa mer generell nach ëmmer eng Aussetzung vum Index kritiséieren an och ganz skeptesch sinn, ob d'Regierung hei net erëm een Accord aushandele wäert, deen um Enn net vu jiddwerengem matgedroe gött. Well mir hu jo schliisslech gesinn, datt dës Regierung och emol deen een oder anere

Sozialpartner léns leie léisst; et kéint een och salopp soen „op se päift“.

Här President, d'Oppositounsparteien hunn aktiv probéiert, op verschidde Problemer vum Gesetzestext opmierksam ze maachen a Verbesserungsvorschläi anzubringen. Mir Piraten hunn enner anerem de Logementsministère drop opmierksam gemaach, datt zwar déi privat Loyere bis Enn des Joers agefruer ginn, d'Präisser fir Sozialwunnengen awer weider kënnen klammen. Bei Leit, déi iwwer 65 Joer al sinn, déi prekär wunnen, déi prekär loune beim Fonds du logement, do si 75 % vun hirem Loyer indexéiert. Dat bedeit, datt mam Akommes vun de Leit och hire Loyer wäert klammen.

Et wier ganz einfach gewiescht an deem Gesetzestext oder am 8000B – et ass mer u sech egal a wéi engem Text, mee Haaptsaach, et wär gemaach ginn –, d'Loyerspräibremes och op déi ëffentlech Bauträger auszuweiten. Mee dat ass net gemaach ginn!

Mir kruten an der Kommissioun vum Ministère gesot – ech zitieren, mee paraphraséieren e bëssen –: „Dat sinn esou niddreg Loyerer, do ass eng kleng Erhéijung jo awer net schlémm.“ An dat ass eng Ausso, léif Kolleeginnen a Kolleegen, do muss ech awer soen, datt mer d'Hoer zu Bierg stoungen. Esou eng Ausso ennersträicht just eemol méi, wéi wäit verschidde Politiker a Beamte vun der Realitéit dobaussen ewech sinn! Wat hei eng – Zitat – „kleng Erhéijung“ genannt gött, ka fir eng Persoun, déi vun engem Minimum leeft, e waarmt Iesse manner am Mount bedeuten.

Mee och no eiser parlamentarescher Fro an no de Berechnunge vun der Press ass de Ministère bei dëser Positioun bliwwen.

Domat si mir Piraten absolut net d'accord!

Och wann et sech heibäi nëmme sollt ëm Erhéijunge vun e puer Euro handeln, esou maachen déi puer Euro fir déi betraffe Leit e groussen Ënnerschied. Souvill also zur Solidaritéit an deem sougenannte „Solidaritéitspak“.

Onsolidaresch ass dësen Accord och par rapport zu de Monoparentallen. Monoparentalle sinn, statistesch gesinn, haut schonn engem méi groussen Risiko ausgesat, an d'Aarmut ze rutschen, wéi eng Famill, wou zwou Persounen schaffe ginn an doduerjer och nach zousätzlech vun der Steuerklasse 2 profitéieren kënnen. Deem gött mat dësem Accord awer hei null a guer net Rechnung gedroen.

Et gouf hei schonns gesot: Eng Persoun mat Kand, déi dee selwechte Revenu huet wéi zwou Persounen mat Kand, där hir Kompensatioun fält méi kleng aus. An deem enge Fall kritt deen een an engem Rechebeispiel 66 Euro, fir seng Indextranche ze kompenséieren; an zu zwee zesumme géif een awer 168 Euro kréien. Dat fanne mir net richtig!

Här President, alles an allem ass dësen Accord näischt anescht wéi eng Kéier mat der Géisskan iwwer all d'Firmen am Land gefuer. Et sinn nämlech ganz vill Firmen, déi sech déi nächst Indextranchen ouni Problem dach awer hätte kënnen leeschten. An do stellt ee sech dach awer d'Fro vum Timing, firwat d'Regierung esou gedréckt huet, datt een Tripartite-Accord misst kommen – e puer Deeg éier e puer relativ erfolgräich grouss Firmen hir Bilanzen presentéiert hunn, e puer Deeg éier bekannt gouf, datt et och nach Acteuren hei zu Lëtzebuerg gött, déi sech déi Indextranche hätte kënnen leeschten.

Verschidde Banken hunn hir Bilanzen eeben, wéi gesot, kuerz no der Tripartite – dräi Deeg duerno, ech hunn nach eng Kéier nogekuckt – presentéiert a verzeche Gewënner a Millioneheicht, am Beräich vun den Honnerte Milliounen.

Mir Piraten wieren dofir op de Wee gaangen, wéi zu Covidzäiten – an ech hunn dat heibannen direkt den éischten Dag gesot, wéi mer iwwert den Accord geschwat hunn –, eng Aide pour „coûts non couverts“ opzestellen, wou déi Firmen, déi wéinst der Covidkris an dem Krich a finanziell Problemer geroden, gehollef kréichen an all d'Salariéen hir Indexerhéijung kritt hätten.

Well wat mer elo maachen, ass, datt d'Salarié mat hiren eegene Steieren hir eegene Kompensatioun u sech zum Deel matfinanzéieren. An ech mengen, dat ass net dat, wat mer an der Vergaangenheet enner enger Gerechtegkeet verstanen hätten. Dës Aiden, esou wéi d'Aide pour „coûts non couverts“, hätten esou onbürokratesch wéi méiglech missen ausbezuelt ginn, an net mat deem groussen Delai, dee mer zum Beispill beim Chômage partiel kannt hunn.

Cibléiert a sozial gerecht ass dës Solidaritéitspak also och net. En huet vill Aktionäre vu grousser Firms vill Suen agespuert an e léisst déi prekärste Bevölkerungsgruppen op der Streck: Leit, déi a Sozialwunnengen wunnen, an déi Leit, déi sech als Monoparentalle mussen eleng ëm hir Famill këmmen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, aus all dës Grënn, an et géifen der nach vill méi ginn – mee d'Riedezäit heibannen ass begrenzt –, wäerte mir Piraten dësen Accord net matdroen. Mir hoffen, datt, wann eng weider Indextranche tëscht dem 1. Juli an dem 1. Abrëll d'nächst Joer fale sollt, da bei der nächster Tripartite een Accord fonnt gött, deen all d'Sozialpartner matdroen an deen déi Sozialschwächsten hei am Land wierklech un déi éischt Stell setzt.

Mee eis Hoffnungen, datt d'Regierung hei eppes bäileiere wäert, sinn awer zimmlech kleng. Mir hu jo vum Parteikongress vun der DP viru Kuerzem héieren, datt de Premier sech jo vu kengem Lektione wëllt gi loosse, virun allem och net vun der Chamber.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen (Piraten) |** Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Clement. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Kersch (LSAP) |** Merci, Här President. Virdrun ass grad ... Mäi Virriedner huet vum Premier geschwat. Erlaabt mer, ee Gedanken auszuschwätzen. Ech wär frou gewiescht, wann en haut hei gewiescht wär, ...

**Une voix |** Très bien!

**M. Dan Kersch (LSAP) |** ... well dat och ausgedréckt hätt, dass en d'Verantwortung vun dëser Tripartite gedroen huet.

*(Interruption)*

Mir sinn trotzdem an der Regierung gutt vertrauen – et waren eng Rei vu Ministeren hei. Ech mengen, si géifen him dee Message weiderginn.

Eigentlech wollt ech och méi laang iwwert d'Kritik vun der CSV um Steuerkredit schwätzen, mee d'Interventioun vum Kolleeg André Bauler huet, mengen ech, do scho fir eng Rei vu Kloerheete gesuergt.

Trotzdem wëll ech d'CSV awer nach eng Kéier drun erënneren, dass beim Crédit d'impôt salaire social minimum genau deen nämmeleche Mechanismus spillt wéi elo beim Crédit d'impôt énergie. En ass ganz selektiv, deen ee wéi deen aneren; abee net mat der Géisskan. Dofir kann ech déi Kritik vun der CSV och net akzeptéieren. Ech ginn och dervun aus, dass se wuel éischter engem gewëssenen Opportunismus geschëlzt ass, wéi éischter engem konstruktive Beitrag.



An dat zielt selbstverständlech och fir d'Kollege vum der ADR.

D'Bekanntnis vum alle Parteien zum Index ass awer dat Erfreecht vum dëser Debatt vum haut de Mëtten. Eise Fraktionspräsident huet a senger exzellenter Ried d'Bekanntnis vum der LSAP zum Index ervirgstrach. Mat eis ass en Ewechfalen, e Sträiche vum enger Indexbranche net dran! An och e Verréckele vum enger Indexbranche ass en No-Go. Punkt! Dat sollen alleguerten déi als Engagement verstoen, déi dobaussen dorun zweifelen a fäerten, d'LSAP géif dat anescht gesinn.

*(Interruption)*

Dat sollen awer virun allem déi zur Kenntnis huelen, déi elo, genau zu dësem Moment, wou duerch eng politesch Entscheidung, déi mer warscheinlech haut hei alleguerten huelen oder déi meescht vum eis wäerten huelen, genau zu deem Moment, wou d'Entreprises also duerch dës politesch Entscheidung mat iwwer 600 Milliounen entlaascht ginn, wou also genau zu dësem Moment verschidde Repräsentantë vum deenen Entreprisë fuerderen, dass Indexbranchë missten ewechfalen. Dat kann net sinn!

Här President, ech muss wierklech mäi ganz diplomatesch Talent beméien, fir déi richtig Wieder ze fannen, mee ech fannen et zumindest, soe mer, deplaciert oder geschmacklos, egal, wéi een et wëllt, wann elo déi nämmlech Leit fuerderen, dass d'Kannergeld net dierf direkt un den Index ugepasst ginn. D'Solidaritéit ass keng Einbanstrooss a Solidaritéit fonctionéiert och nëmmen, wa se an all Richtunge geet, soss geet se futti.

A well dat esou ass, huet d'Regierung decidéiert, dass d'Kannergeld indexéiert gëtt, wéi wann den Index erfällt wär. An dat nowieslech op Demande vum der LSAP. An ech soen dat virun allem un d'Adress vum deenen, déi mengen, d'LSAP wär iwwerflüssig.

Et gëtt hei gemaach, wéi wann et e strukturellen Ugrëff op den Index géif ginn. Et gëtt kee strukturellen Ugrëff op den Index. A wann et e géif ginn, da géif d'LSAP en, esou wéi se dat an hirer ganzer Geschichte gemaach huet, mat all hirer Kraaft verhenneren! Dat soll emol eng Kéier hei ganz kloer gesot ginn. D'LSAP huet dat an der ganzer Geschichte gemaach, ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dann ass net vill Kraaft do!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | ... wou et nach keng mof a keng gréng a keng donkelrout Kommentierer vum der Politik gi sinn. A mir brauchen duerfir och keng Lektione vum deenen entgéintzuehlen!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Net nëmme Kommentierer, Acteuren, Här Kersch!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Villmools merci, Här President.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kersch.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzminstesch Yuriko Backes.

#### **Prises de position du Gouvernement**

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, als Éischt wëll ech dann och dem Rapporteur Gilles Baum e ganz grouse Merci soe fir all seng Aarbecht, fir säi mëndlechen a säi schrëftleche Rapport. Hei steet bei deem Projet de loi, mee och bei deenen aneren, ganz, ganz vill Aarbecht hannendrun. Hei ware ganz vill Acteuren, déi mat implizéiert waren, fir déi néideg Explikationen ze ginn. E ganz grouse Merci un d'Membere

vum der Tripartite-Kommission an, wéi gesot, och de Beamten, déi hei matgeschafft hunn. D'Delaie ware ganz kuerz. Mir hate ganz vill Diskussionsenen. Si ware ganz konstruktiv. Ech soen Iech wierklech alleguerte Merci.

Duerfir sinn ech émsou méi erfreet, dass mir haut dësen Text kënnen diskutieren an dass d'Chamber duerno och kann driwwer ofstëmmen. Mat dësem Gesetz setze mir dann den Energiesteierkredit em, deen d'Häerzstéck am Fong vum Tripartite-Accord ass, deen d'Regierung mam LCGB, mat der CGFP a mam Patronat ugehall huet. Dëse Gesetzesprojet ass e kloert Bekanntnis zum Index. Mat dësem Gesetz bleibt den Tripartite-Accord voll a ganz erhalen.

Erlaabt mer just, awer nach eng Kéier kuerz ze soen, firwat d'Regierung eng Tripartite aberuff huet. Ech mengen, dee ganze Kontext ass trotzdeem ganz speziell. Et däerf een et net vergiessen, mir hate geduecht, mir wäeren um Enn vum Tunnel ukomm no der Covidkris, mee de Krich an der Ukrain huet dat Ganz, déi ganz Situatioun wierklech fundamental verännert, alles wierklech op d'Kopp gestallt.

D'Impakter fir d'Weltwirtschaft si ganz einfach enorm. D'Croissance ass a ganz Europa substanzial no ënne revidéiert ginn. Dat hu mer och nees gesinn an de Statistiken, déi vum der OCDE d'lescht Woch erauskomm sinn.

D'Energiepräisser an domadder d'Inflatioun sinn op nei Niveaue geklommen, wéi mer se scho ganz, ganz laang net méi gesinn hunn. An anere Wieder, an et muss een et einfach soen: Mir sinn an enger Wirtschaftskris an et ass haut wierklech net ofzegesinn, wéi laang se dauere wäert a wéi déif mer wäerte falen.

Et goug eis haaptsächlech drëm, véier Saachen ze garantieren: op där enger Säit d'Aarbechtsplazen ofzesécheren; d'Kafkraaft vum de Leit ze erhalen, besonnesch vum deenen, déi méi ënnen op der sozialer Leeder stinn; de Leit an den Entreprisë Vertrauen a Previsibilitéit ze ginn; an och am Ausland de Message ze ginn, dass Lëtzebuerg e Staat ass, op deen d'Entreprises an d'Bierger ziele kënnen, och wa mer an enger Krisensituatioun sinn.

Ech wëll och ënnersträichen, dass all déi international Organisatiounen och zum Handeln opgeruff hunn.

Eis Äntwert ass also de Solidaritéitspak. Et ass e ganz equilibrierte Pak, deen onsem Land an dësen trotzdeem ganz komplizierten Zäiten, an dësen däischteren Zäiten eng Perspektiv gëtt. An déi Perspektiv, déi ass ganz wichteg. Dat hei Gesetz transposéiert also den Tripartite-Accord, deen den 31. Dezember dëst Joer ënnerschriwwen gouf. An den Accord bleibt weiderhin de Kompass, un deem mir eis orientieren.

E puer Wieder, wann Der erlaabt, zum Steuerkredit: Fir deem säi Montant ze bestëmmen, huet d'Regierung de Statec gefrot, genoe auszerechnen, wat de Kafkraaftverloscht ass. An de Statec huet déi Berechnungen an aller Onofhängegkeet gemaach. An ech soen och do Merci fir déi Stonnen a Stonnen vum Explikatiounen, déi de Statec-Direkter eis an natierlech, méi wichteg, der Chamber och ginn huet. An de Statec huet eis dunn ausgerechent, wat de Kafkraaftverloscht ass an der Moyenne pro Mount, wou den Index net erfällt. An op där Basis hu mer en neie Steuerkredit eeben entworfen.

De CIE gëtt pro Persoun gerechent, dat ass schonn erkläert ginn. Wann an engem Menage also zwee Leit schaffe ginn, da kritt dee Menage deen Energiesteierkredit effektiv zweemol. Dat war e politesche Choix vum der Regierung an de Staatsrot huet deen och validéiert. E gëllt souwuel fir d'Salarié wéi fir

d'Indépendant wéi fir d'Leit, déi an der Pensioun sinn. An de CIE gëtt all Mount ausbezuelt, wou den Index net erfällt. Wéi mir wëssen, wäert dat dann am Prinzip fir néng Méint de Fall sinn, vu Juli dëst Joer bis Enn Mäerz d'nächst Joer.

Wat fir d'Regierung hei wichteg war, ass, dass dës Mesure kloer sozial gestaffelt ass. Mir bezuelen och 2022 an 2023 all Mount, deen den Index geréckelt ginn ass, dee selwechten héije Montant aus, obschonn de Statec eis ausgerechent huet, dass et duergaange wär, 2023 am éischte Quintile e méi niddrege Montant virzege-sinn an am zweete guer kee méi.

Mir bezuelen dee Kredit pro Persoun, obschonn d'Perte vum Pouvoir d'achat, esou wéi de Statec se ausgerechent huet, sech op de ganze Menage bezitt. Anescht wéi déi 2,5 %, déi een duerch den Index bäikritt, sinn déi héich Montanten och steierfräi. Et ass also nach ëmmer eng kloer Iwwerkompensatioun.

Mee ech wëll awer hei och ganz éierlech sinn. Säit der Tripartite huet d'Wirtschaft sech natierlech weiterentwickelt. D'Inflatioun geet leider weider erop. D'Mesuren, esou wéi mer se zesummen decidéiert haten, waren allerdéngs esou generéis, dass se och an der aktueller Situatioun nach eng Iwwerkompensatioun vum der Perte vum Pouvoir d'achat duerstellen, an dat huet de Statec a senger leschter Note de conjoncture och confirméiert.

Wat déi nächst Indexbranche dann ugeet ..., ech wëll just ganz kuerz eppes doriwwer soen. De Minister Fayot ass och hei, dee wäert och doriwwer eventuell nach e Wuert soen. Ech freee mech wierklech, an ech wëll dat och hei soen, ze gesinn, dass en endgültigen Text vum Gesetz elo souguer méi am Esprit vum Tripartite-Accord ass, esou wéi dat och an enger Rei Avisé gefrot ginn ass.

D'Situatioun ass awer esou volatil, dass et net méiglech ass, all d'Hypotheese fir d'Zukunft elo schonn ofzedecken. Ech mengen, dat versti mer och alleguerten.

Dat, wat mer haut vum Statec gesot kréien, ass, dass déi nächst Indexbranche dann am Juli erfällt. Déi gëtt, esou wéi dat dann och am Accord steet, op Abrëll verréckelt an de Kafkraaftverloscht gëtt kompenséiert, esou wéi et am Gesetz virgesinn ass. Wéini eng nächst Indexbranche erfällt, kann eeben haut nach keen definitiv soen.

Den Esprit vum Tripartite-Accord ass awer ganz kloer: Wann eng weider Tranche géif erfalen iwwert déi vum dësem Juli eraus, kënn et nei Tripartite zesummen.

Mat dësem Projet de loi hale mir eis natierlech un dat Engagement. Schliisslech geet d'Portée vum Gesetz elo net méi iwwert den 31. Dezember 2023 eraus an ass domadder och mam Accord alignéiert. De Prinzip, deen am Accord festgehalen ass, laut deem bis Enn 2023 et all zwielef Méint just eng Indexbranche soll ginn an eventuell zousätzlecher verréckelt a kompenséiert ginn, ass natierlech weider valabel.

Am Beräich vum der Famille gesäit dës Projet de loi zwou Moosname vir. Op där enger Säit ass dat d'Weiderféierung vum der Indexierung vum Kannergeld – dat ass och scho mentionéiert ginn –, op där anerer Säit d'Aféierung vum engem Équivalent crédit d'impôt.

Déi éischt Mesure féiert déi néideg Ännerungen am Code de la sécurité sociale an, fir dass déi Decalagé vum den Indexbranchen, déi géifen erfalen, sech net op d'Kannergeld auswierken.

Am Tripartite-Accord ass dann net nëmmen decidéiert ginn, fir e Crédit d'impôt énergie fir d'Salarié, d'Pensionéiert an d'Indépendanten anzeféieren, mee

et ass och dru geduecht ginn, fir déi aus eiser Gesellschaft ze ënnerstëtzen, déi eebe justement keng esou Revenuen hunn. Zousätzlech zum Crédit d'impôt énergie ass dofir den Équivalent crédit d'impôt am Accord festgehalen ginn, deen un d'Bezéier vum REVIS a vum Revenu pour personnes gravement handicapées, dem RPGH, ausbezuelet gëtt. Et handelt sech ëm e Montant unique mensuel och vu 84 Euro, deen un all d'erwuesse Bezéier vum Montant forfaitaire de base vum REVIS an un all d'Bezéier vum RPGH ausbezuelet gëtt.

Den Dispositiv vum Équivalent crédit d'impôt ass och mam Text iwwert de Crédit d'impôt énergie esou ofgestëmmt, dass een net gläichzäiteg vun deenen zwou Mesurë ka profitéieren.

Wat d'Ënnerstëtzung vun de Vulnerabelsten aus eiser Gesellschaft ugeet, ass et wichteg ze rappeléieren, dass d'Regierung awer och schonn do zousätzlech Mesurë geholl huet. Dës waren d'Augmentatioun vun der Allocation de vie chère ëm 10 % d'lescht Joer an och d'Aféierung Ufank vun dësem Joer vun enger Prime d'énergie, déi net nëmmen de Menagen, déi d'AVC bezéien, zegutt kënn, mee och deene Stéit, déi Revenuen hunn, déi bis zu 25 % iwwert der klasescher Forschett vun der AVC leien. D'Ministesch Cahen ass och present hei am Sall.

Wat d'Mesurë vun de Loyereren, d'Afréiere vun de Loyereren ugeet, do ass all Erhéijung, wéi gesot, vum Loyer vun enger Wunneng bis Enn des Joers 2022 verbueden. All zousätzlech Mesuren am Beräich vum Logement sinn, wéi Der wësst, opgrond vum Avis vum Staatsrot duerch e separate Projet de loi ëmgesat. De Minister Kox ass och hei an der Chamber present.

Da gesäit dës Gesetz och eng zousätzlech Enveloppe vun 2 Milliounen Euro fir Studente vir. An och de Minister Meisch ass de Mëtteg hei an der Chamber.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, zum Schluss wëll ech all deene wierklech och nach eng Kéier Merci soen, déi op dësem Text an och op deenen aneren Texter a Rekordzäit geschafft hunn, fir dass mir dësen Tripartite-Accord zurzäit ëmsetze kënnen.

Mat dësem Gesetz schafe mir an dës méi schwéieren Zäite Vertrauen. Mir schafe Previsibilitéit, an dat fir d'Leit an och fir d'Entreprises. Et hätt een natierlech léiwer gehat, wa jidderee vun de Sozialpartner vun dësem Accord iwwerzeegt gewiescht wär.

Mee schwéier an exzeptionell Zäite verlaangen och vun enger Regierung, Verantwortung ze huelen an dat ze maachen, wat se fir d'Land a fir d'Leit eebe fir richtig hält. Mat dësem Accord geschitt dat genau esou. An d'Regierung wäert natierlech och weiderhin hir Verantwortung an dësem Kontext huelen. An dat natierlech am Dialog mat alle Sozialpartner.

Ech freeë mech da besonnesch haut, dass dës Projet de loi mat enger breeder Majoritéit kann ugeholl ginn an ech soen nach eng Kéier alleguerten den Dammen an den Hären Deputéiert hei e grouse Merci fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht. Merci och fir déi konstruktiv Bäitrag haut an dësem Debat. Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. An elo iwwerhëlt fir d'Regierung den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot de Relais. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** | Merci, Här President. Léif Deputéiert, merci fir d'éischt un de Rapportier Gilles Baum fir säi ganz gudden a komplette Rapport. Merci och un all d'Riedner fir hir Kontributiounen zu dëser Debat. An ech freeë mech och fir déi ganz breet Zoustëmmung an ech faasse mech och ganz kuerz, well et ass scho bal alles gesot. An

den Henri Kox wëllt och nach eng Minutt schwätzen zu dem Logementsvolet.

Ech géif wierklech gär soen, dass mer haut, Mëtt Juni 2022, an enger nach méi onstabiller an onsécherer Lag sinn, wat besonnesch d'Situatioun vun der Wirtschaft ugeet, wéi dat de Fall war kuerz nom Ausbroch vum Krich an der Ukrain, wéi mer Ufank März decidéiert hunn, eng Tripartite zesummenzeruffen, fir op déi deemools scho ganz héich Inflatioun ze reagéieren an déi schwaarze Wolleken, déi do opgezu sinn. Déi schwaarze Wolleke sinn nach méi schwaarze ginn, dat wësst Der alleguerten, wann Der d'Actualitéit e bësse suivéiert a wann Der och dem Statec seng Note de conjuncture gelies hutt, déi d'lescht Woch erauskomm ass, soudass u sech deen Accord Tripartite, dee Solidaritéitspak, dee mer decidéiert hunn, haut déi selwecht Valeur huet an dee selwechte gudden Equilibre ass wéi deen, dee mer am März fonnt hunn, an nach enger vill méi prekärer Lag.

Et kann een an esou enger Situatioun natierlech ..., jo, Dir hutt Recht, et ass eng Fro vun Narrativen. Et kann een e rosarouden Narrativ molen, wou alles an der Rei ass a wou et all déi Problemer do net gëtt a wou mer am Fong alles dat erfionnt hunn, fir mat der Strenz iwwert d'Betriben ze fueren. Oder et kann een e realistesch, responsabelen Narrativ hunn an och eng responsabel Äntwert op déi extreem prekär Lag, an där mer dra sinn, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee iwwerall an Europa.

Dofir ass dës Solidaritéitspak e gudden, en equilibrierten Accord, wou mer engersäits eng sozial gerecht an dem Verloscht vun der Kafkraaft insbesonnesch bei deene klengen a mëttlere Revenuen ugepasste Kompenséierung virsinn. An dee Mechanismus, an och dat géif ech gär betounen, dee wäert och spille bei enger weiderer Indexbranche. An dee wäert spillen dann, wann eng weider Indexbranche géif erfalen, wou mer dann natierlech eng weider Tripartite mussen zesummenzeruffen, fir dat ze constatéieren an och fir déi Kompenséierung vun där Indexbranche no neie Berechnungen vum Verloscht vun der Kafkraaft och ze maachen.

Mee de Prinzip, anescht wéi dat heiansdo elo dobaussen duergestallt gëtt, deen ass net a Fro gestallt an dee wäert och iwwert déi zwéi Joer vum Accord weider gëllen an dee wäert och voll spillen.

Dobäi kommen natierlech nach all déi aner Mesuren, déi um Energiedesch geholl gi sinn an déi och am Solidaritéitspak dra sinn, fir nach weider op déi Situatioun an dee Verloscht vun der Kafkraaft ze äntwerten. Bei de Betriben ass et esou, dass mer nach zousätzlech och de Projet de loi 8019 hunn, deen deemnächst wäert adoptéiert ginn an deen op déi ganz héich Energiepräisser äntwert, déi am Moment an alle Secteuren eise Betriben ze schafen dinn, an deen do och eng Indemniséierung vun deene Surcoûte bei de Betriben wäert ënnerhuelen. Och dat ass eng wichteg Stütz fir eis Entreprises an enger ganz prekärer wirtschaftlecher Lag, bei där och keen Enn a Siicht ass.

Wann Der déi Analyse kuckt, déi iwwerall gemaach ginn ..., dat hënk natierlech alles vun der Dauer vun deem Krich of, mee do ass et leider net esou, dass fir de Moment iergendeen dovunner ausgeet, dass dat deemnächst wäert eriwier sinn. Dofir nach wie vor dee Pak hei – dee Solidaritéitspak an och dat Gesetz –, wat deen haut hei zum groussen Deel ëmsetzt, ass e gudden Equilibre, ass e gutt Gesetz. An duerfir freeën ech mech och iwwert déi breet Zoustëmmung hei an der Chamber zu dësem Gesetz.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. An da kritt nach kuerz d'Wuert: den Här Wunnungsbauminister Henri Kox.

**M. Henri Kox, Ministre du Logement** | Jo, ech wëllt et och ganz kuerz maachen, well ech wollt eppes richtigstellen. An ech wollt awer och soen, dass net déi richtig Fro gestallt gouf. Nämlech déi richtig Fro wär hei gewiescht vum Här Clement ze froen, ob de Crédit d'impôt derzou féiert, dass bei Sozialwunnengen de Loyer géif an d'Luucht goen. Nämlech elo kënn eppes derbäi. Nee, kann ech him dodrop äntweren, well déi ginn immuniséiert, esou wéi mer dat schliisslech och virun zwéi Joer gemaach hunn, wéi mer eng Erhéijung vun der Allocation de vie chère gemaach hunn, déi mer neutraliséiert hunn eeben an déi net zu enger sozialer Erhéijung vun dem Loyer (veuillez lire: net zu enger Erhéijung vum Loyer vun de Sozialwunnengen) gefouert hunn. An dat ass eng sozial Moossnam an déi féiert dës Regierung duerch.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kox. Parole après ministre fir den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Fait personnel géif och passen, ech si jo och ernimmt ginn. An ech mengen, ech muss mer net vun engem Minister soe loosse, ob ech déi richtig Fro gestallt hunn oder net.

*(Exclamations)*

Well ...

*(Interruption)*

Ech schéngen elo schonn nees déi richtig Leit getraff ze hunn doiwier.

Ech stelle fest, dass den 1. Abrëll dës Joer den Index erfall ass, dass doduerjer d'Sozialloyeren an d'Luucht gaange sinn. Ech stelle fest, dass d'nächst Joer den 1. Abrëll eng Indexbranche héchstwahrscheinlech – d'Madamm Finanzministesch huet dat jo confirméiert – wäert ausbezuelet ginn op Basis, well dat Gesetz hei ausleef, an dat dann d'Sozialloyeren erëm no uewen ugepasst ginn an dat dës Regierung verpasst huet, dës Dispositioun ze sträichen.

Et ass an engem Règlement grand-ducal gereegelt. D'Chamber kann dat net maachen. Et ass un der Regierung, dat ze maachen. Ech huelen Akt, dass d'Regierung dat net wëllt maachen. An elo kann de Minister mer hei ënnerstellen, ech géif déi falsch Fro stellen.

Ech constatéieren, wat an hiren eegenen Texter steet an dass do guer näischt immuniséiert gëtt. An ech hu guer net d'Fro gestallt hei, ob duerch déi heite Steuerkreditter eppes géif klammen. Ech stelle fest, dass duerch den Index den 1. Abrëll dës Joer an den Index den 1. Abrëll d'nächst Joer d'Sozialloyere klamme wäerten. An dat fannen ech ongerecht. Dat fannen ech net richtig an ech hunn d'Regierung elo e puermol invitéiert, dat ze änneren. Et läit an Ärer Hand. De Ball läit an Ärer Kuerf.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement. An ech ginn nach eng Kéier d'Wuert zréck un den Här Wunnungsbauminister Henri Kox.

**M. Henri Kox, Ministre du Logement** | An ech stinn derzou, dass dat esou soll sinn. Well et gëllt och den ëmgedréinte Wee: Wann d'Akommes vun enger Famill erofgeet, da wäert och hire Loyer erofgoen.

An ech wëll drun erënneren: Een, deen an enger sozialer Wunneng hei zu Lëtzebuerg wunnt, wunnt am sozialsten an am gerechteste par rapport zu deenen, déi hei wierklech e Manktum hunn, nämlech déi, déi 20 Euro de Quadratmeter musse bezuelen. An déi, déi an enger sozialer Wunneng wunnen, déi bezuelen e Maximum vu 5 bis 7 Euro de Quadratmeter, an dat ass



an dëser solidarescher Gesellschaft, an där mir wunnen, ass et ganz gerecht an ech stinn derzou. Wann d'Akommes vun enger Famill an d'Luucht geet – an et ass kloer, dass et duerch den Index an d'Luucht geet, an d'Akommes vun enger Famill geet an d'Luucht –, da soll och dee Loyer moderat zu deem, wéi mer et festgestallt hunn, och an d'Luucht goen. An dozou stinn ech.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kox. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8000A. Den Text steet am Document parlementaire 8000A<sup>9</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8000A et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 52 Jo-Stëmme bei 8 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Spautz (par Mme Martine Hansen), Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par M. François Benoy) et Mme Jessie Thill.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### **Motion 1**

Da komme mer nach zur Diskussioun respektiv dem Vott vun der Motioun, déi vun der ADR-Sensibilitéit deposéiert ginn ass. Wie wëllt nach zu dëser Motioun Stellung huelen? Den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum (DP), rapporteur** | Jo, ganz kuerz, ganz kuerz, Här President. Den Här Minister huet et effektiv virdru gesot: Mir hunn an der Tripartite-Kommissioun de Projet de loi 8019, deen d'Hëllef fir d'Betriben virgesäit, déi héich Energiekäschten hunn. Dat ass och e Package vun 225 Milliounen. Ech géif duerfir menger Fraktioun proposéieren, dës Motioun hei net matzedroen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Baum. Keng Wuertmeldung méi do? Da kënnen mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

Nee, den Auteur nach, den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, ech wollt just kuerz reagéieren. Effektiv, den Här Minister hat gesot, datt mer och elo fir d'Entreprise jo e Gesetz um Instanzeweue hunn, wat u sech eng gutt Saach ass. An en huet gesot: Bon, d'Enn hänkt e bëssen of vum Krich a mir wëssen net, wéi laang dat dauert.

Et ass awer esou, d'Enn hänkt och of vun der Längt vun de Sanktiounen. An do hu mer och e Problem, well duerch d'Eestëmmegkeet, fir se anzeféieren, ass et och ganz schwéier, Sanktiounen falen ze loossen. An do géif ech den Appell un den Här Minister riichten, fir och an der Europäescher Unioun ze kucken, ënner wéi engen Ëmstänn mer da kënnen och d'Sanktiounen labberen, well et ass jo och dat, wat zur Präisdeierrecht ganz vill bäidréit.

Dat heescht, dat eent ass d'Situatioun um Terrain, dat anert ass d'Situatioun vun de Sanktiounen. An do spillen eng ganz Rei strateegesch an aner Interesse mat eran. An ech géif Iech wierklech encouragéieren, elo schonn ze kucken, wéi dat kloergestallt ass, wat dann elo wierklech d'Konditiounen sinn, fir datt déi kënnen opgehuewe ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. Da ginn ech d'Wuert un den Här Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Den Invite „de Betriben déi néideg Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen“ hunn ech a menger Ried

ugeschwat. Deementspriedend misste mer déi Motioun hei matstëmmen.

Mee mir hunn awer och all d'Sanktiounen géint Russland mat ënnerstëtzt. An esoulaang hei weiderhi Motiounen vun der ADR kommen, déi d'Sanktiounspolitik a Fro stellen an déi hei Russlandversteekpolitik wëlle maachen, kënnen mir déi Motioun net matdroen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement. Ech mengen, da kënnen mer elo zum Vott vun der Motioun kommen.

#### **Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Laurent Mosar), Marc Spautz (par Mme Martine Hansen), Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par Mme Djuna Bernard) et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 17.36 heures.)

## Sommaire

| Objet                                                                                   | N°   | Auteur                              | Page | Objet                                                                                                                       | N°   | Auteur                          | Page |
|-----------------------------------------------------------------------------------------|------|-------------------------------------|------|-----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|---------------------------------|------|
| Enseignants détachés                                                                    | 6248 | Sven Clement                        | 77   | Délits commis à l'étranger                                                                                                  | 6530 | Dan Biancalana                  | 89   |
| Reproches d'une gestion défailante du syndicat intercommunal SIGI                       | 6371 | François Benoy                      | 78   | Réduction volontaire de la vitesse                                                                                          | 6532 | Mars Di Bartolomeo              | 90   |
| Impact de l'inflation sur les prix des maisons de retraite et de soins                  | 6374 | Fred Keup                           | 78   | Compte IAM des élèves                                                                                                       | 6533 | Martine Hansen                  | 90   |
| Festival Fräiraime                                                                      | 6383 | Nathalie Oberweis                   | 79   | Amélioration de la qualité de vie du quartier Kirchberg à Luxembourg-ville                                                  | 6536 | François Benoy                  | 90   |
| Indexation des frais de déplacement forfaitaires                                        | 6387 | Fernand Kartheiser, Roy Reding      | 79   | Actions de sensibilisation en vue de la composition paritaire des listes de candidats pour les élections communales de 2023 | 6537 | Jessie Thill                    | 92   |
| Extension du réseau 5G                                                                  | 6394 | Fernand Kartheiser                  | 79   | Occupation de la forêt de Bobësch                                                                                           | 6541 | Martine Hansen, Michel Wolter   | 92   |
| Interdiction des chaudières à gaz                                                       | 6417 | Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis | 79   | Restitution du congé parental                                                                                               | 6542 | Marc Goergen                    | 93   |
| Interruption volontaire de grossesse                                                    | 6427 | Josée Lorsché, Marc Hansen          | 80   | Prêts à l'économie garantis par l'État dans le cadre de la pandémie                                                         | 6548 | Gilles Roth                     | 93   |
| Dépendance de l'Union européenne de la Russie en matière d'énergie nucléaire            | 6431 | Max Hahn                            | 81   | Formations « Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg »                                                                  | 6550 | Djuna Bernard                   | 94   |
| Propriétés de POST Luxembourg                                                           | 6434 | Diane Adehm                         | 82   | Évaluation des projets pilotes visant une plus grande autonomisation des demandeurs de protection internationale            | 6552 | Stéphanie Empain, Djuna Bernard | 94   |
| Matériel didactique disponible en ligne                                                 | 6446 | Sven Clement                        | 82   | Structures d'accueil pour demandeurs et bénéficiaires de protection internationale et temporaire                            | 6554 | Stéphanie Empain, Djuna Bernard | 95   |
| DAP Education                                                                           | 6452 | Martine Hansen                      | 83   | Chantiers routiers au Mullerthal                                                                                            | 6557 | André Bauler, Carole Hartmann   | 96   |
| Conseil de discipline aux lycées                                                        | 6453 | Fred Keup                           | 83   | Problèmes de correspondance suite à l'introduction des nouveaux numéros et horaires des lignes RGTR                         | 6558 | André Bauler                    | 96   |
| Experts externes dans l'enseignement secondaire                                         | 6459 | Martine Hansen, Marc Spautz         | 84   | Fraude à l'investissement dans le cannabis thérapeutique                                                                    | 6567 | Laurent Mosar                   | 96   |
| Contrat type des médecins libéraux                                                      | 6480 | Laurent Mosar, Max Hengel           | 84   | Maladies sexuellement transmissibles                                                                                        | 6568 | Nancy Arendt épouse Kemp        | 97   |
| Déclenchement de la phase de vigilance                                                  | 6483 | Sven Clement                        | 84   | Frais de publicité de l'armée                                                                                               | 6571 | Marc Goergen                    | 97   |
| Indemnité des apprentis adultes                                                         | 6486 | Fred Keup                           | 84   | Pénurie de certains médicaments                                                                                             | 6574 | Mars Di Bartolomeo              | 97   |
| Service hivernal dans le nord du pays                                                   | 6494 | Carlo Weber                         | 85   | Impact de l'augmentation du prix de l'énergie sur le budget de l'État                                                       | 6575 | Mars Di Bartolomeo              | 98   |
| Trafic scolaire sur le site du Limpertsberg                                             | 6500 | Myriam Cecchetti                    | 85   | Exigences en matière de rotation des cultures et de jachère dans le cadre de la nouvelle politique agricole commune         | 6581 | Martine Hansen                  | 98   |
| Assistant parental                                                                      | 6509 | Martine Hansen                      | 86   | Cyberattaque sur Creos et Enovos                                                                                            | 6596 | Sven Clement                    | 98   |
| Impact de la canicule sur l'infrastructure de transport                                 | 6514 | Max Hahn, Claude Lamberty           | 87   | Politique étrangère envers Israël                                                                                           | 6602 | Fernand Kartheiser              | 98   |
| Petit éolien                                                                            | 6515 | Max Hahn, Claude Lamberty           | 87   |                                                                                                                             |      |                                 |      |
| Païement de la prime pour la production d'électricité à partir de sources renouvelables | 6518 | Martine Hansen                      | 87   |                                                                                                                             |      |                                 |      |
| Action « été » pour les sans-abris                                                      | 6519 | Marc Goergen                        | 87   |                                                                                                                             |      |                                 |      |
| Recrutement militaire                                                                   | 6520 | Marc Goergen                        | 88   |                                                                                                                             |      |                                 |      |
| Effectif de l'armée                                                                     | 6527 | Marc Goergen                        | 89   |                                                                                                                             |      |                                 |      |
| Prime énergie pour les personnes à revenus modestes                                     | 6529 | Simone Asselborn-Bintz              | 89   |                                                                                                                             |      |                                 |      |

**Enseignants détachés** | Question **6248** (24/05/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Enseignants hei am Land hunn d'Méiglecheet, iwwert ee Programm fir „enseignants détachés“ beim Educatiounsministère unzefroen, fir eng Rei Joren an engem anere Land an enger Europaschoul ze enseigner.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Bildung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Enseignantë sinn am Moment an d'Ausland detachéiert?
2. Kann de Minister Detailler zu dëser Prozedur ginn?
3. Um Site vum Bureau du Secrétaire général des écoles européennes kann een noliessen, mat wéi enge Schoulen esou een Austauschprogramm besteet. Am

Moment ginn um Site Schoulen aus Däitschland, der Belsch, Spuenien, Italien an Holland als méiglech Ziler genannt.

– Op Basis vu wéi engen Accorde goufen dës Partenariater ofgeschloss?

– Wat fir Krittäre ginn et fir esou ee Partenariat?

4. Kënnen esou Partenariater nëmmen an akkreditéierten Europaschoulen ofgeschloss ginn?

Wa jo, firwat?

Wier et net och intressant, fir dës Programm op net akkreditéiert Schoulen auszewäiten, falls dëst net schonn de Fall ass?

5. Ass geplangt, d'Unzuel vu Partenariater nach mat weidere Schoulen a Länner auszubauen?

Wa jo, lafen zu dem Theema am Moment Gesprächer?

**Réponse** (17/06/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Am Moment si 16 Enseignants aus dem Enseignement primaire (EP) an dem Enseignement secondaire (ES) an europäesch Schoule vum Typ 1 detachéiert, dovun zéng op ee Posten am Ausland.

Am Detail ass d'Opdeelung déi heiten:

– EP: 3 zu Lëtzebuerg, 1 zu Alicante, 1 zu Varese, 1 zu Frankfurt an 1 zu München;  
– ES: 3 zu Lëtzebuerg, 2 zu Bréissel, 2 zu Alicante an 2 zu Varese.

ad 2. Laut Artikel 12.4a vun der Konventioun iwwert de Statut vun den europäesche Schoulen (Convention portant statut des écoles européennes), déi de 17. August 1994 zu Lëtzebuerg ënnerschrifft gouf,



bestëmmt de Conseil supérieur vun den europäesche Schoulen all Joer, op Proposition vum de Conseils d'inspection, d'Besoinen u Léierpersonal, andeems e Poste schafft oder suppriméiert. De Conseil supérieur uecht op eng gerecht Verdeelung vun de Plazen tëscht de Memberstaaten.

D'Cheffin vun der Lëtzeburger Delegation schéckt den Enseignanten am Laf vum Mount Mee d'Lëscht mat de fräie Posten. Dës Poste sinn op fir Staatsbeamten an -employéen. Déi zwee lëtzebuergesch Inspektoren préieren d'Kandidaturen. D'Enseignanten, déi zeréckbehale ginn, kënnen am Laf vum Mount Juni Bescheid gesot. D'Dauer vum Detachement ass am Prinzip op néng Joer fixéiert, woubäi d'Méiglechkeet besteet, den Detachement ëm dräi Joer ze verlängeren.

ad 3. Et sief betount, datt just déi 13 europäesch Schoule vum Typ 1 concernéiert sinn.

Laut der uewe genannten Konvention iwwert de Statut vun den europäesche Schoulen an den Accorden iwwert d'Käschten, un deenen sech all Memberstaaten bedeelegen, ginn all Joer eng Partie Enseignanten an déi 13 europäesch Schoulen detachéiert. Dës Schoule sinn op sechs Länner verdeelt: Däitschland, Belsch, Spanien, Italien, Lëtzebuerg an Holland.

Wat déi detachéiert Enseignanten ubelaangt, sou gëtt d'Unzuel fir all Memberstaat berechent op Basis vun der Proportion u lëtzebuergesche Schülerinnen a Schüler, déi an deenen 13 europäesche Schoulen ageschriwwen sinn.

ad 4. a 5. Wéi schonn erwänt, betrëfft den Dispositif just déi 13 europäesch Schoule vum Typ 1.

Déi agreéiert europäesch Schoule si Schoulen, déi den europäesche Cours ubidden an de pedagogeschen Ufuerderungen, déi vum Conseil supérieur vun den europäesche Schoule festgeluecht ginn, gerecht ginn, dës awer am nationale Kader vum Memberstaat. Dës Schoulen hänken net wéi juristeschen, administrativen a finanziellen Kader of, un deen déi europäesch Schoule vum Typ 1 gebonnen sinn. D'Enseignanten, déi an den agreéierten europäesche Schoule schaffen, si keng detachéiert Enseignanten.

### Reproches d'une gestion défaillante du syndicat intercommunal SIGI | Question 6371 (20/06/2022) de M. François Benoy (déi gréng)

Le Syndicat intercommunal de gestion informatique (SIGI) est régi par la loi du 23 février 2001 concernant les syndicats de communes et l'arrêté grand-ducal du 31 mars 1982 autorisant sa création. La page web du SIGI décrit le syndicat comme un « acteur public majeur du Luxembourg au service de plus de 600.000 citoyens » qui « crée des solutions informatiques adaptées aux métiers communaux et utilisées par les 101 communes luxembourgeoises, quelque 60 syndicats intercommunaux, 30 offices sociaux du pays, ainsi que 537 crèches et maisons relais » et que « fonctionnant selon un esprit entrepreneurial, les équipes du SIGI travaillent suivant un mode de gestion agile et novateur favorisant l'engagement, la créativité et l'initiative ». Le SIGI est notamment à l'origine des solutions logicielles Gescom et SIGINOVA.

Depuis plusieurs années apparaissent de manière occasionnelle des reproches sur la gestion administrative et financière par le directeur du SIGI, sur un climat de travail difficile, ainsi que sur une défaillance de contrôle politique de ce syndicat très important en termes de budget. En 2017, un e-mail anonyme avec un document de 30 pages fut même envoyé depuis un compte interne du SIGI à des membres insinuant des dépenses non fondées voire irrégulières (utilisation

privée de matériel, contrat de fourniture de services en matière de communication, ...). Enfin, la Fédération générale de la fonction communale (FGFC) pointe du doigt des faits similaires.

Depuis le 1<sup>er</sup> juin, une série d'articles du journal en ligne Reporter.lu vient de rallumer la mèche et la FGFC en a également profité pour rappeler ses critiques et pour reprocher aux élus communaux en charge du contrôle du SIGI de préférer ignorer les problèmes.

Dans ce contexte, je me permets de poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Intérieur :

1) Madame la Ministre a-t-elle connaissance des détails des reproches à l'encontre du SIGI ? Comment évalue-t-elle leur gravité et leur pertinence ?

2) Le Ministère de l'Intérieur a-t-il effectué, depuis 2017, des contrôles spécifiques, ou plus poussés, en ce qui concerne les reproches récurrents concernant la gestion administrative et financière du SIGI ? Dans la négative, est-ce que Madame la Ministre entend lancer une analyse plus approfondie ?

**Réponse (20/07/2022) de Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur**

Le contrôle administratif sur les syndicats de communes que j'exerce dans le cadre strict de la Constitution, de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et de la loi modifiée du 23 février 2001 concernant les syndicats de communes ne permet pas une ingérence de ma part dans la gestion journalière du syndicat qui relève de la compétence du bureau du syndicat. L'organe exécutif dispose de tous les moyens nécessaires à une bonne administration du syndicat sous la surveillance du comité, composé des délégués des communes membres, appelés à rendre compte de leur action au sein du syndicat et à communiquer les informations relatives aux activités du syndicat aux conseils communaux qu'ils représentent. Il appartient dès lors en premier lieu aux autorités syndicales elles-mêmes de prendre les mesures appropriées lorsqu'elles sont confrontées à des difficultés de gestion de l'entité qu'elles sont chargées d'administrer.

Toutefois, les suspicions de mauvaise gestion administrative, financière et du personnel du SIGI évoquées par la presse m'ont interpellée et m'ont amenée à inviter le bureau du SIGI à une entrevue dans le but de me renseigner sur les reproches dont il a été question dans des articles récents. Les membres du bureau m'ont informé qu'ils demanderont au comité de commander un audit externe dont il faudra attendre les conclusions. Par ailleurs, le fonctionnement du SIGI fut à l'ordre du jour de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité des chances du 6 juillet 2022.

Le comité du SIGI s'est réuni en date du 12 juillet 2022 et a fait savoir par un communiqué de presse du même jour qu'il a donné « son feu vert pour l'instauration d'un groupe de travail en vue d'un processus d'audits internes aux sujets notamment de la transparence financière et du climat social ainsi que d'une enquête externe pour analyser les besoins des communes ». Le SIGI souhaite également « lancer une enquête externe dans le but d'améliorer la collaboration avec les communes, et de mieux pouvoir répondre à la diversité des besoins et demandes exprimés envers le SIGI ».

En ce qui concerne la surveillance administrative, le SIGI est soumis aux mêmes contrôles que les autres entités du secteur communal, notamment par le biais de la vérification du budget et des comptes ainsi que par la tutelle administrative d'approbation, d'annulation et de suspension.

Dans le cadre de la vérification du budget et des comptes récents du SIGI, effectuée par sondages, des irrégularités ont été constatées et les observations y relatives ont été adressées aux organes du syndicat selon la procédure habituelle afin qu'il y soit remédié. Toutefois, ces irrégularités n'étaient pas, jusqu'à présent, de nature à rendre nécessaires des contrôles approfondis.

Il faut savoir encore que le contrôle des comptes des entités communales, n'étant pas un contrôle d'opportunité, se limite à l'examen de la légalité et de la régularité des recettes et des dépenses communales.

### Impact de l'inflation sur les prix des maisons de retraite et de soins | Question 6374 (20/06/2022) de M. Fred Keup (ADR)

Am Kader vun den Tripartite-Verhandlungen Enn Mäerz gouf vun enger Gewerkschaft an och vum Konsumentenschutz ee Gel vu verschiddene reglementéierte Präisser, ënner anerem vun den Tariffer an Alters- a Fleegeheemer, gefuerdert. Dës Fuerderunge goufe vun der Regierung awer net opgegraff. Am Hibleck op déi exorbitant Inflation, déi am Ablack d'Liewe vun de sozial schwache Leit an den Alters- a Fleegeheemer virun engem Zeräissprouf stellt, hunn déi Alters- a Fleegeheemer, deenen hir Investitiounen zum gréissten Deel vun der öffentlecher Hand finanziéiert ginn, eng sozial Verantwortung wéi nach seele virdrun.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madame Familljeminister:

1. Ass d'Regierung der Meinung, datt am Hibleck op déi dramatesch inflationär Lag, an där sech eist Land befënnt, déi staatlech kofinanzéiert Alters- a Fleegeheemer keng Erhéijunge vun den Tariffer a Prestatiounen erhiewen dierfen, soulaang et keng entspreichend Erhéijunge vun der Rente gëtt?

2. Wann nee, wat fir Mesurë gedenkt d'Regierung ze huelen, fir deene Leit ze hëllefen, déi duerch d'Inflation net méi d'Méiglechkeet hunn, déi erhéicht Tariffer a Prestatiounen ze bezuelen an deenen hir Ënnerstützungsfro beim Fonds national de solidarité ofgeleent gouf?

**Réponse (20/07/2022) de Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration**

D'Alters- a Fleegeheemer zu Lëtzebuerg sinn net staatlech kofinanzéiert am Sënn vun enger finanzieller Participatioun, déi de Staat géif fir Fonctionnementskäschten un d'Gestionnaire bezuelen. Déi eenzeg méiglech finanziell Participatioun vum Staat ass am Fall vun enger Renovatioun oder bei engem Neibau, wou de Staat kann en Deel vun der Renovatiouns- a Baukäschten iwwerhuelen.

Dofir ass et dem Staat och net méiglech, an d'Tariffpolitik vun der Gestionnaire vun Alters- a Fleegeheemer anzegreifen.

Et sief bemierkt, dass den Établissement public Senior, deen esou ewéi all déi aner Gestionnairen och net staatlech kofinanzéiert ass, déi lescht Hausse vum Pensionspräis, déi net indexgeboun war, am Joer 2009 gemaach huet.

Wat d'Prestatioun vum Accueil gérontologique ugeet, do wäert ech géint Enn vun dësem Joer en Avant-projet de loi am Regierungsrot diskutéiere loosse, deen d'Ënnerstützung fir d'Beneficiairen dättelech verbessert.

D'Regierung weess awer, dass déi aktuell héich Inflation och de Gestionnaire vun Alters- a Fleegeheemer ze schafe mécht; dofir suivéiert se d'Evolution fir, wann néideg, eventuell Mesuren ze huelen.

**Festival Fräiraam | Question 6383 (21/06/2022) de Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)**

Du 24 au 26 juin aura lieu le festival Fräiraam à la Philharmonie du Luxembourg.

Si en tant que Gauche nous soutenons l'accès libre et sans contraintes aux espaces publics (Fräi Raim), nous soutenons en même temps farouchement une rémunération correcte des artistes qui leur permet de vivre dignement.

Hélas, les artistes participant au festival Fräiraam ne sont pas rémunérés du tout.

Partant, je me permets de poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Culture :

1) Estimez-vous que la non-rémunération des artistes par un établissement public est compatible avec la nouvelle charte de déontologie qui souligne expressément une nécessaire « rémunération juste et équitable » ?

2) Si le choix d'accepter ou non de participer gratuitement à un tel événement revient évidemment à l'artiste, ne jugez-vous pas qu'un établissement public tel que la Philharmonie ne devrait pas recourir à de telles approches ?

3) Ne jugez-vous pas que cette pratique est dévalorisante et contraire à votre volonté de soutenir les artistes dans leur développement et épanouissement professionnels et artistiques ?

**Réponse (20/07/2022) de Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture**

En juin 2022, le Ministère de la Culture a introduit la Charte de déontologie pour les structures culturelles, un document élaboré de concert avec les acteurs du secteur culturel concernés, afin de défendre les valeurs d'éthique et de professionnalisme qui sous-tendent la relation de confiance entre les structures culturelles, les artistes et le public. La rémunération juste et équitable figure parmi les huit valeurs identifiées par la charte. Cette condition me paraît fondamentale pour le développement et le maintien d'une scène culturelle professionnelle, épanouie et libre, en ce qu'elle vise à garantir la reconnaissance du travail de l'artiste et de ses prestations lorsqu'il est engagé par une structure culturelle.

Pour ce qui est de la question de la gratuité de la participation des musiciens au Fräiraam Festival, qui s'est déroulé du 24 au 26 juin 2022 à la Philharmonie, il y a lieu de formuler plusieurs précisions ayant trait au concept et au contexte du festival :

Dans le cadre de son 15<sup>e</sup> anniversaire, la Philharmonie avait élaboré un concept visant à dédier des espaces libres (Fräiraam) de création à la scène musicale locale et nationale. Ainsi est née l'idée d'un festival pour musiciens amateurs, à qui seraient mis à disposition, trois jours durant, les espaces, équipements et équipes professionnels de la Philharmonie, permettant ainsi aux musiciens intéressés de se produire dans un cadre exceptionnel, réservé d'habitude aux musiciens et orchestres professionnels.

Sur base d'un appel, chaque musicien, fanfare, harmonie, ensemble d'élèves ou groupe de musiciens pouvait introduire sa candidature pour participer à cet événement. L'appel s'adressait avant tout aux musiciens amateurs (Fräizäitmuseker), sans pourtant exclure les musiciens qui exercent leur art de manière professionnelle ou semi-professionnelle. Les conditions de participation cependant étaient claires et identiques dès le départ pour tous : la Philharmonie mettra à disposition des intéressés son matériel, ses espaces, son personnel et prendra en charge la promotion et de

la communication de l'événement. Étant donné qu'il s'agissait d'un festival pour amateurs, aucun cachet n'était prévu. La gratuité de la participation des musiciens était à nouveau expressément mentionnée dans la convention de participation, signée par tous les participants au festival.

Les plus de 800 musiciens qui ont finalement pu participer au festival témoignent du succès du concept. Le but poursuivi, offrir aux musiciens amateurs et initiatives locales une scène professionnelle a également su convaincre le public qui s'est rendu en nombre à ce festival dont l'entrée était, elle aussi, gratuite.

**Indexation des frais de déplacement forfaitaires | Question 6387 (22/06/2022) de M. Fernand Kartheiser | M. Roy Reding (ADR)**

No eiser Kenntnis gouf d'Kilometerpauschal säit hirer Aféierung vun 1992 ni indexéiert. Den deemo-lege Montant vu knapp 4.000 Frang gouf spéider op knapp 100 Euro ëmgerechent. Säit 1992 sinn d'Transportkäschten, notament d'Energiekäschten awer massiv geklomm.

An deem Zesammenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung matdeelen, wéi si allgemeng zu enger méiglecher Indexéierung vun der Kilometerpauschal steet?

2. Kann d'Regierung chiffréieren, wéi eng réckwierkend Indexéierung vun der Kilometerpauschal sech op de Staatsbudget géif auswirken?

**Réponse (01/09/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances**

An hirer parlamentarescher Ufro stellen déi honorable Deputéiert Froen zu der Kilometerpauschal, déi am Steiergesetz virgesinn ass.

An deem Kontext gëtt op d'parlamentaresch Fro N° 5146 verwisen, an där d'Regierung scho kloergestallt huet, datt et aktuell keng Pläng ginn, fir eppes un der Kilometerpauschal ze änneren.

D'Regierung investéiert konsequent säit Joren an den effentlechen Transport. Duerch déi héich Investitiounen an d'Schinnenetz an de Weiderausbau vum Tram gëtt d'Verkeiersnetz nohalteg verstärkt, an erhéicht esou d'Offer an d'Qualitéit vum effentlechen Transport, dee säit dem 1. März 2020 gratis ass.

Et ginn duerfir weiderhi keng Pläng fir eng allgemeng Upassung vun der Kilometerpauschal, oder fir de Montant vun dëser ze indexéieren.

Bei enger réckwierkender Indexéierung géif sech de budgetären Impakt vun der Kilometerpauschal op ronn 350 Milliounen Euro järelech belafen.

**Extension du réseau 5G | Question 6394 (22/06/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)**

D'Installatioun vu 5G geet virun, obwuel d'Fuerderunge vum Europarot a senger Resolutioun 1815 vu Mee 2011 a vum Europaparlament, fir d'gesondheetlech Risike genee ze ënnersichen nach ëmmer net ëmgasat gi sinn. An deene leschte Joren hunn eng amerikanesch (2018) an eng italieenesch Etüd (2019) nees festgehalen, datt Radiostralen am Frequenzberäich vun 3G, 4G a 5G duerchaus de Risiko, fir Kriibs ze kréien, kënnen erhéien. Anerersäits gëtt et keng Etüd, déi seet, datt dës Strale keng Gefor fir d'mënschlech Gesondheet sinn.

Dozou wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wou ass Lëtzebuerg mat senger 5G-Infrastruktur drun? Wat sinn déi gréisste Flächen, déi zesummenhängend ofgedeckt ginn? A wéi vill Prozent vum Land funktionéiert 5G?

2. Ginn zu Lëtzebuerg och schonn déi méi héich 5G-Frequenzen am potenziell méi geféierleche Millimeter-Beräich genotzt? Bedeit de séieren a systemateschen Ausbau vu 5G zu Lëtzebuerg, datt d'Regierung keng Gefor fir d'Gesondheet vum Mënsch gesäit? Wéi eng gesondheetlech Etüden huet d'Regierung iwwer déi gesondheetlech Wirkunge vun deene geplangte Frequenzen?

3. Wéi vill vum Ausbau vun eisem 5G-Netz ass während der Zäit vu Corona 2020–2021 geschitt?

**Réponse (23/08/2022) de M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

ad 1. Den Opbau vun der 5G-Infrastruktur huet am August 2020 no der Attributioun vun de 700-MHz- an 3,6-GHz-Lizenzen un déi mobil Operateuren ugefaangen. Aktuell sinn 391 Autorisatiounen fir Sitten, déi dës Frequenzen notzen, vun der Ëmweltministesch a vum Aarbechtsminister ausgestallt ginn. D'Standuerter vun den Antenne sinn um Site vum Geoportal (<https://geoportail.lu/>) am Cadastre GSM verëffentlecht. An enger éischter Phas huet den Opbau vun der 5G-Infrastruktur sech op d'Flächen ëm d'Stad Lëtzebuerg, an der Stad Lëtzebuerg an duerno am Süde vum Land konzentréiert. Eng genee prozentual 5G-Ofdeckung vum Land kann à ce stade nach net spezifizéiert ginn, well déi eenzel Reseauen nach matten am Opbau sinn.

ad 2. Zu Lëtzebuerg sinn d'5G-Frequenzen am Millimeter-Beräich nach net a Betrib. Den Opbau zu Lëtzebuerg ass an deenen uewe genannte Frequenze vun 700 MHz an 3,6 GHz. D'Regierung suivéiert déi wëssenschaftlech Erkenntnisser am Beräich vun den elektromagnéitesche Felder.

Baséierend op enger rezenter Iwwerpréiwung vun der wëssenschaftlecher Literatur ass d'WHO zu der Konklusioun komm, datt déi aktuell virleidend Etüden d'Existenz vu gesondheetleche Problemer, ausgeléist duerch d'Expositioun zu schwachen elektromagnéitesche Felder, net confirméieren.

Déi neitste wëssenschaftlech Publikatioun vum der „Agence nationale de sécurité sanitaire de l'alimentation, de l'environnement et du travail (ANSES)“ aus Frankräich respektiv vum „Panel for the Future of Science and Technology“ vum Europaparlament a vun der Europäescher Kommissioun analyséieren d'Auswirkunge vun 5G. Och an dese Publikatiounen ginn et keng confirméiert wëssenschaftlech Resultater, déi een Impakt op d'Gesondheet duerch den Deploiment vun 5G (bis 5 GHz) demonstréieren.

Nieft der lafender wëssenschaftlecher Recherche an deem Beräich bleift de Principe de précaution dat wichtegst Instrument, fir d'Expositioun sou niddreg wéi méiglech ze halen. D'Applikatioun vum „principe de précaution“ ass an der Antwort op d'parlamentaresch Fro N° 0634 aus dem Joer 2019 détailléiert.

ad 3. An de Joren 2020 an 2021 hu virun allem eng Rei administrativ an technesch Virbereedungs-aarbechten op der Säit vun den Operateuren stattfonnt. Am Hierscht 2021 konnten dunn déi éischt 5G-Reseauen de kommerzielle Betrib zu Lëtzebuerg ophuelen, am Ufank op d'Stad Lëtzebuerg fokusséiert.

**Interdiction des chaudières à gaz | Question 6417 (28/06/2022) de Mme Myriam Cecchetti | Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)**

Selon des informations portées à notre connaissance, les logements actuellement en construction par la



SNHBM dans le cadre du PAP Geessewee à Belvaux dans la commune de Sanem seraient encore équipés de chaudières à gaz.

Monsieur le Ministre de l'Énergie a pourtant annoncé tout récemment la fin des chauffages sur la base d'énergies fossiles pour les nouvelles constructions tout en précisant que la nouvelle technologie de référence en matière de chauffage serait la pompe à chaleur. En effet, la législation en vigueur prévoit qu'à partir du 1<sup>er</sup> janvier 2023 des chaudières à gaz et à fioul ne pourront en principe plus être posées dans des bâtiments résidentiels neufs.

Au vu de l'explosion des prix des énergies fossiles qui touchent en premier lieu les ménages à faibles et moyens revenus et considérant la nécessité d'une accélération de la transition énergétique dans le contexte du réchauffement du climat, nous voudrions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Logement et à Monsieur le Ministre de l'Énergie :

1) Messieurs les Ministres peuvent-ils confirmer que les logements construits par la SNHBM dans le cadre du PAP Geessewee seront équipés de chaudières à gaz ?

2) Messieurs les Ministres peuvent-ils nous fournir un relevé, ventilé par type de chauffage posé ou prévu, de tous les logements achevés ou en construction par la SNHBM et le Fonds du logement dans le cadre de PAP actuellement en cours ?

3) Les logements construits dans le cadre de projets de construction planifiés qui seront entamés au cours de la deuxième moitié de l'année 2022 seront-ils encore équipés de chaudières à gaz ?

4) Les logements prévus dans le cadre des grands projets votés en 2022 par la Chambre des Députés tels que les PAP Neischmelz à Dudelange et Wëlthgebond à Mamer, seront-ils équipés de chaudières sur la base d'énergies fossiles, tout en sachant que les logements prévus dans le cadre du PAP An der Schmëtt (Fonds du logement) seront chauffés à l'aide de pompes à chaleur et de panneaux photovoltaïques ? Messieurs les Ministres peuvent-ils expliquer ces choix en matière de chauffage ?

5) Messieurs les Ministres n'estiment-ils pas que les projets de construction de logements financés par des fonds publics devraient donner le bon exemple et afficher un bilan écologique exemplaire même en l'absence d'ici 2023 d'une réglementation mettant fin aux chaudières sur la base d'énergies fossiles ?

6) Dans l'affirmative à la question précédente, des modifications en matière de chauffage pour les logements non encore achevés ou entamés seraient-elles encore réalisables et souhaitées par Messieurs les Ministres, notamment en ce qui concerne le PAP Geessewee à Belvaux ?

**Réponse (23/08/2022) de M. Henri Kox, Ministre du Logement**

ad 1) Il est correct que les logements construits par la SNHBM pour la commune de Sanem dans le cadre du PAP Geessewee sont équipés de chaudières à gaz.

ad 2) Pour le Fonds du Logement, le graphique suivant indique la source d'énergie principale par bâtiments achevés au courant des années 2016-2022. Depuis de nombreuses années, le Fonds du logement vise à privilégier autant que possible le recours aux sources d'énergies renouvelables dans ses projets et la part des bâtiments chauffés au gaz tend à diminuer progressivement.

*(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

Dans le cas de la SNHBM, le graphique se présente de la façon suivante :

*(graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

ad 3) Dans le cas du le Fonds du logement, le graphique suivant indique la source d'énergie principale par bâtiments pour les projets en phase chantier ou en phase études. La part (très minoritaire) de bâtiments encore chauffés au gaz s'explique par des contraintes techniques ne permettant pas le recours à une source d'énergie renouvelable.

*(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

La répartition des systèmes de chauffage de la SNHBM se présente de la façon suivante pour les logements à entamer :

*(graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

ad 4) Les logements prévus dans le cadre des projets de grande envergure votés en 2022 par la Chambre des Députés sont chauffés sur la base d'énergies renouvelables. Dans le cadre du PAP Wëlthgebond à Mamer, tous les bâtiments du Fonds du logement seront raccordés au réseau de chauffage urbain communal qui fonctionne sur base de pellets de bois. En ce qui concerne le PAP Neischmelz à Dudelange, le concept énergétique prévoit de chauffer les logements à l'aide d'une installation de géothermie.

ad 5) En effet, les projets de construction de logements financés par des fonds publics devraient afficher un bilan écologique exemplaire et éviter autant que possible le recours à des énergies fossiles.

ad 6) Il y a lieu de noter qu'à partir de l'année 2023, et au regard des nouvelles réglementations de performances énergétiques, des autorisations de construire ne pourront plus être délivrées pour des logements ayant recours à des systèmes de chauffage à gaz. La question d'une modification des projets en planification ne se pose dès lors que pour des projets pour lesquels les permis de construire pourraient être délivrés au cours des semaines à venir ou dont la réalisation n'a pas encore été entamée tout en disposant d'un permis de construire.

Or, un changement du système de chauffage pour de tels projets présente une modification à tel point substantielle, qu'elle ne saurait être justifiée ni du point de vue du coût supplémentaire engendré, ni du point de vue du retard dans la réalisation.

Ceci est particulièrement vrai pour le PAP Geessewee, réalisé par la SNHBM pour la commune de Sanem et dont la phase même de commercialisation vient d'être lancée.

**Interruption volontaire de grossesse | Question 6427 (30/06/2022) de Mme Josée Lorsché | M. Marc Hansen (déi gréng)**

Depuis la mise en vigueur de la loi du 17 décembre 2014, le Luxembourg dispose d'une des lois les plus libérales sur l'interruption volontaire de grossesse (IVG) au niveau européen. Pourtant, une vue globale de l'IVG au Luxembourg fait défaut en raison d'un manque de statistiques précises et de nomenclature spécifique en la matière.

En effet, la réalité de l'avortement par voie médicamenteuse, favorisé dans la plupart des cas, suppose qu'un code spécifique y afférent soit intégré dans la nomenclature de la CNS. Dans le même ordre d'idées, le code relatif au curetage (6A71), pratiqué dans d'autres cas,

ne fait pas de distinction entre l'acte d'une IVG en tant que telle et toute autre intervention nécessitant un curetage, y compris une interruption médicale de grossesse (IMG).

Compte tenu de ces constats, mais également du fait qu'une prise en charge de qualité nécessite du temps car il s'agit pour les médecins de bien expliquer, lors d'une consultation, les options qui se trouvent à la disposition d'une personne concernée, nous aimerions avoir les renseignements suivants de Madame la Ministre de la Santé ainsi que de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Est-il prévu d'intégrer l'IVG dans la nomenclature de la CNS et de définir dans ce contexte clairement les différents actes et tarifs relatifs à l'IVG en y tenant compte du facteur temps qui est une condition essentielle pour une consultation de qualité dans ce domaine très sensible ?

2) Dans quel délai une telle nomenclature pourrait-elle le cas échéant entrer en vigueur et quel sera dès lors le taux de remboursement, sachant qu'en France une IVG coûte en moyenne 250 euros et qu'elle est à 100 % prise en charge par la sécurité sociale française ?

3) Quelles sont les raisons pour lesquelles une telle nomenclature fait toujours défaut au Luxembourg ?

4) Madame la Ministre et Monsieur le Ministre ne sont-ils pas d'avis que le Luxembourg devrait se doter de statistiques et de chiffres fiables relatifs aux IVG effectivement réalisées tant dans le milieu hospitalier qu'extrahospitalier, vu que de telles données constituent la base pour la mise en place d'une prévention efficace et ciblée ?

5) L'obligation de la documentation hospitalière qui a été introduite par la loi sur les établissements hospitaliers du 8 mars 2018, a-t-elle permis d'établir des données précises concernant les IVG réalisées en milieu hospitalier, tel qu'il a été affirmé dans la réponse ministérielle à la question parlementaire 240 du 22 janvier 2019 ? Dans l'affirmative, de quelles données s'agit-il plus précisément et pourront-elles nous être communiquées ?

6) Une évaluation portant sur l'application de la loi sur l'IVG de 2014 est-elle prévue dans le but d'analyser entre autres si l'accès à une IVG est réellement assuré à toute personne concernée, si le nombre des IVG réalisées à l'étranger a diminué et si les campagnes de prévention, voire les programmes d'éducation sexuelle et affective mènent effectivement à réduire le nombre des IVG ?

7) Quelle est la position de Madame la Ministre au sujet de la revendication du Planning Familial d'étendre le délai du droit à l'IVG d'actuellement 12 à 14 semaines à partir du début de la grossesse ?

**Réponse (23/08/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale**

ad 1) à 3) Début 2018, le Ministère de la Santé a saisi la Commission de nomenclature de quatre demandes standardisées relatives à l'Interruption volontaire de grossesse (IVG). Deux demandes se rapportaient à l'inscription dans la nomenclature de nouveaux actes techniques, la troisième demande concernait la modification du libellé d'un acte technique existant et la quatrième demande proposait la création d'un acte général destiné à être invoqué pour la première consultation de prise en charge et de conseil lors d'une demande d'IVG.

Toutefois, dans le cadre des échanges portant sur ces demandes, la création de codes spécifiques dans la nomenclature des actes des médecins et médecins

dentistes avait alors été mise en doute notamment parce que l'IVG peut être pris en charge sous forme de codes existants et qu'il n'existait pas d'intérêt scientifique pour préciser qu'un curetage est fait hors grossesse. Il avait alors été décidé de relancer les discussions dans le cadre des futurs travaux sur la révision du chapitre relatif à la gynécologie de la nomenclature.

Les travaux sont actuellement en cours entre la CNS et la Société luxembourgeoise de gynécologie et d'obstétrique (SLGO) dans le cadre de la refonte de la nomenclature<sup>1</sup>. Dans ce contexte, les actes d'interruption volontaire de grossesse (IVG) font l'objet de discussions et de précisions avec différents types d'indicateurs, dont notamment le facteur temps. Par ailleurs, des actes plus ciblés permettront aussi d'avoir des données statistiques plus précises.

Une fois la recommandation circonstanciée validée par la Commission de nomenclature, l'avant-projet de règlement grand-ducal devra suivre le parcours de la procédure réglementaire.

ad 4) Dans le cadre d'une motion déposée par l'honorable Député Alex Bodry le 22 novembre 2012, le Gouvernement avait notamment été invité à veiller à ce que les médecins et les services d'assistance psychosociale déclarent à des fins de statistiques les IVG et consultations en matière d'IVG. Ces travaux n'ont pas encore pu être entamés jusqu'à présent, cependant il est prévu d'instaurer à courte échéance un groupe de travail chargé d'établir des statistiques en matière d'IVG.

Par ailleurs, il est important de souligner qu'il existe deux parcours médicaux différents pour procéder à une interruption volontaire de la grossesse (IVG) :

- 1) IVG par prise du médicament Mifépristone dans le cas où la grossesse est de moins de 9 semaines (63 jours) d'aménorrhée, jusqu'à 12 semaines possibles dans le cadre d'une prise en charge hospitalière ;
- 2) IVG chirurgicale pour les grossesses de plus de 9 semaines (63 jours) et de moins de 14 semaines d'aménorrhée.

Les IVG par prise de médicament peuvent être réalisées soit au Planning Familial, soit auprès d'un médecin spécialiste en gynécologie-obstétrique dans son cabinet médical ou à l'hôpital. Les IVG chirurgicales sont effectuées dans un hôpital.

Les codes de la nomenclature existants (consultations gynécologiques et échographies) suffisent pour que le médecin gynécologue-obstétricien puisse facturer toutes les phases de la procédure à suivre selon la loi du 17 décembre 2014 modifiant la loi du 15 novembre 1978 relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption de la grossesse, mais plus spécifiquement dans son article 12 (1).

Seule la consultation psychologique (obligatoire pour la mineure et facultative chez l'adulte) n'est pas spécifiquement prise en charge par la Caisse nationale de santé (CNS). Toutefois, comme le motif des consultations médicales n'est pas renseigné, il est impossible de distinguer ces consultations des autres consultations facturées et remboursées par la CNS.

Comme la nomenclature n'est actuellement pas suffisamment détaillée en la matière, les données de facturation de la CNS ne permettent pas non plus de définir de manière précise les IVG chirurgicales réalisées à l'hôpital. En effet, la distinction entre une IVG et un

curetage réalisé suite à une fausse couche n'est pas possible.

D'autre part, le nombre de cas d'IVG par prise de Mifépristone ne pourrait pas non plus être déterminé de manière précise à partir de la base de données de la CNS, étant donné que la Mifépristone est indiquée dans plusieurs prises en charge médicales autres que l'IVG médicamenteuse.

Actuellement, seuls les chiffres provenant du Planning Familial renseignent sur le nombre d'IVG pratiquées. Ainsi, en 2021, 601 femmes ont contacté le Planning Familial en raison d'une grossesse non planifiée. Après réorientation directe par manque de disponibilité (pas de gynécologue), changement d'avis, non présentation pour le premier rendez-vous ou la première échographie, fausse couche, grossesses arrêtées ou extra-utérines :

- 516 IVG ont été planifiées dont 98,3 % au Luxembourg et 1,7 % à l'étranger (1,36 % hors délais) ;
  - 449 IVG ont été pratiquées au Planning Familial jusqu'à 7, voire 8 semaines depuis les dernières règles (8SA), soit 87 % ;
  - 16 patientes ont été adressées par le CHL (avec 1<sup>ère</sup> échographie) ;
  - 63 patientes ont été adressées par des confrères privés (avec 1<sup>ère</sup> échographie) ;
  - 57 femmes ont été transférées au CHL avec qui le Planning Familial a une convention et 1 chez un.e confrère ;
  - 9 IVG ont été pratiquées à l'étranger : 2 en Belgique et 7 aux Pays-Bas ;
  - 51 femmes ont été adressées chez des consoeurs/confrères en raison de l'indisponibilité de la consultation pour 1<sup>ère</sup> échographie (par ex. vacances du seul médecin spécialiste en gynécologie) puis IVG au Planning Familial.
- La moyenne d'âge était de 28,25 ans à l'instar de 2020 ; la moyenne d'âge de la grossesse au moment de l'IVG était de 4,3 semaines.

ad 5) Notons d'emblée que les IVG médicamenteuses, qui sont fréquentes, se font habituellement en milieu extrahospitalier et ne sont donc pas soumises à une obligation de documentation à visée statistique.

Dans le cadre de la documentation hospitalière, un recueil de données médicales est réalisé en milieu hospitalier portant sur les diagnostics et les actes ou procédures réalisés durant le séjour hospitalier. Les classifications utilisées permettent de coder les séjours dont le motif est « induced termination of pregnancy (code Z33.2) ». L'information relative à la cause de l'interruption de grossesse peut être documentée au travers des codes de pathologies associées dans le cas d'une interruption médicale ou thérapeutique de grossesse. Le codage de ces informations est dépendant de la qualité de la documentation présente dans le dossier hospitalier de la patiente et de la bonne utilisation des règles de codage.

Suite à la pandémie Covid-19 et à l'affectation d'agents de la Direction de la santé aux priorités de la lutte pandémique, la documentation hospitalière a pris un certain retard : la qualité du codage hospitalier n'a pas encore été évaluée et la base de données des séjours hospitaliers est en cours de construction. Ainsi, la Direction de la santé n'est pas encore en mesure de fournir des données chiffrées concernant les IVG réalisées en milieu hospitalier. Le délai envisagé pour les exploitations statistiques générales de la documentation hospitalière est envisagé à un an et nécessitera une période supplémentaire de validation pour garantir la pertinence des informations avant publication.

ad 6) Le ministère ne dispose pas d'information dans quelle mesure l'accès à une IVG est assuré à tout

personne concernée. Il n'en reste cependant pas moins que toute personne voulant procéder à une IVG dans le délai imparti peut toujours s'adresser au Planning Familial si elle a l'impression ne pas bénéficier de l'attention que son cas requiert de la part de son médecin traitant.

En ce qui concerne le nombre d'IVG réalisés à l'étranger, seuls les chiffres du Planning Familial renseignent sur ces cas.

Notons finalement que même si l'activité médicale repose sur la prévention tout comme les interventions de l'équipe d'éducation sexuelle et affective (ESA), des grossesses non désirées surviendront toujours. La prise en charge d'une grossesse non désirée implique des consultations longues et minutieuses, il est partant d'autant plus important de fournir dès le premier contact avec la patiente qui souhaite procéder à une IVG, les informations relatives aux possibilités de contraception qui se posent à elle afin d'éviter toute nouvelle grossesse non désirée.

ad 7) La France a effectivement récemment prolongé le délai autorisé pour réaliser une IVG à 14 semaines de grossesse. Des discussions similaires sont actuellement en cours en Belgique. Aux Pays-Bas, le délai s'élève actuellement à 24 semaines d'aménorrhée.

L'éventuel prolongement du délai de droit à l'IVG de 12 semaines à 14 semaines au Luxembourg est actuellement à l'étude et des réflexions concernant une éventuelle réévaluation de cette position et une modification législative de la loi modifiée du 15 novembre 1978 relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption de la grossesse sont actuellement en cours. Dans ce sens des réunions de concertation sont prévues dès la rentrée entre le Ministère de la Santé et la Société de gynécologie et d'obstétrique ainsi que le Planning Familial.

## Dépendance de l'Union européenne de la Russie en matière d'énergie nucléaire | Question 6431 (30/06/2022) de M. Max Hahn (DP)

D'Ofhängegkeet vun der EU vu Russland am Beräich vun der Energie beschränkt sech net nëmmen op Äerdgas a Pëtrol. 20,2 % vun den Uran-Importer sinn 2020 aus Russland komm. Dobäi kommen nach emol 19,2 %, déi aus Kazakhstan, engem Alliiéierte vu Russland, importéiert goufen. An der EU ginn et ausserdem 18 Atomkraaftwierker, déi nëmme mat sechs-eckege russesche Brennelementer bedriwwen kënnen ginn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:

1. Wat sinn d'Efforten op EU-Niveau, fir am Beräich vun der Atomenergie méi onofhängeg vu Russland ze ginn?
2. Wéi grouss schätzt den Här Minister de Risiko an, dass Russland änlech wéi beim Gas, och an deem Beräich Exportstopper decidéiere kéint?
3. Wat wieren d'Konsequenzen heivu fir déi betraffe Länner? Wat wieren déi indirekt Konsequenzen op Lëtzebuerg vun esou engem Schratt? Wat wieren d'Konsequenze fir d'Netzstabilitéit an der EU?

Réponse (23/08/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

ad 1. Russland ass laut der Euratom Supply Agency (ESA 2021) den drëttréisste Liwwerant vun Uran un d'EU. Virun allem fënnf EU-Memberstaate sinn ofhängeg vu Russland: Bulgarien, Tschechien, Finnland, Ungarn an d'Slowakei.

<sup>1</sup> Règlement grand-ducal modifié du 21 décembre 1998 arrêtant la nomenclature des actes et services des médecins pris en charge par l'assurance maladie



Am Géigesaz zu den Embargoe fir russesch fossill Brennstoffer ass d'Reduzierung vun der Ofhängegkeet vun Uran zanter dem Ufank vum Krich an der Ukrain vun der EU-Kommissioun ganz weëneg thematiséiert ginn.

Am Moment gëtt et och keng Sanktioun géint russesch Importer vu Kernbrennstoff fir zivill Zwecker an d'EU. D'EU-Kommissioun huet an hirer Strategie „REPowerEU“ vum Mee 2022 just drop higewisen, datt ee misst Diversifikatiounsoptiounen präiwen an de betroffenen EU-Memberstaaten zougeséichert dobäi ze hëllefen.

ad 2. an 3. Et ass imprevisibel, wéi Russland och an deem Beräich Energie als Waff kann asetzen. De russesche President ass onberechenbar an d'EU muss alles maachen, fir sech aus der fossiller an och nukleärer Ofhängegkeet ze befreien. Et ass awer och ze soen, datt Atom insgesamt en ëmmer manner groussen Undeel vun der Stroumproduktioun an der EU huet.

#### Propriétés de POST Luxembourg | Question 6434 (01/07/2022) de Mme Diane Aehm (CSV)

POST Luxembourg est un établissement public créé par la loi modifiée du 10 août 1992. L'article 47 (1) prévoit les dispositions suivantes :

« Dans l'intérêt de la réalisation de la mission de l'entreprise, l'État fait un apport en nature et en numéraire. Le Gouvernement en conseil arrête les montants correspondant aux apports en nature sur la base du rapport d'un réviseur d'entreprise.

Ces apports contiennent les propriétés domaniales, les bâtiments y construits ou en voie de construction, les équipements, réseaux, ouvrages divers et les véhicules ainsi qu'une dotation initiale telle que définie à l'article 52.

Un relevé qui est joint en annexe à la présente loi et qui en fait partie intégrante énumère les propriétés domaniales faisant l'objet de l'apport susvisé. »

La loi contient une « annexe à l'article 47 de la loi modifiée du 10 août 1992 portant création d'une entreprise des postes et télécommunications », listant les différents bureaux de poste, bureaux de poste abritant en outre des installations de télécommunication, centres de télécommunications, bâtiments divers et centres administratifs.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie :

– Monsieur le Ministre peut-il fournir une liste des propriétés qui ne sont plus dans la possession de POST Luxembourg ?

– À qui ces propriétés ont-elles été vendues ?

– Ces propriétés ont-elles été vendues au prix du marché ? Comment est-ce que POST Luxembourg détermine la valeur d'une propriété à vendre ? Est-ce que POST Luxembourg fait appel pour chaque propriété à vendre à des experts indépendants pour évaluer la valeur de la propriété en question ?

– Quel est le montant des bénéfices que POST Luxembourg a réalisé avec des transactions immobilières au cours des dix dernières années ?

– L'article 7 (1) prévoit les dispositions suivantes :

« Le conseil exerce les attributions suivantes : [...] i. il approuve les acquisitions, aliénations et échanges d'immeubles dans la mesure où ces transactions sont inférieures ou égales à dix millions d'euros. »

Qu'en est-il des transactions supérieures à dix millions d'euros ?

#### Réponse (01/09/2022) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

POST Luxembourg poursuit depuis 2006 une politique de vente de ses immeubles qui respecte strictement l'ordre suivant pour trouver un repreneur :

- 1) l'immeuble est proposé en premier lieu à la commune concernée ;
- 2) ensuite, il est proposé soit au Fonds du logement, soit à une autre instance étatique ;
- 3) si aucune partie ne manifeste son intérêt, il est procédé à une vente aux enchères de l'immeuble sur le marché public.

POST Luxembourg a vendu 31 propriétés depuis la création de l'entreprise. Les propriétés, qui ne sont dès lors plus dans la possession de POST Luxembourg, sont reprises dans la liste ci-dessous, avec indication de l'acheteur ou du type de vente :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Les ventes de gré à gré reprises dans le tableau ci-dessus datent d'avant 2006.

Au cours des dix dernières années, POST Luxembourg a vendu des immeubles pour un total de 18,4 millions d'euros. Ces ventes ont rapporté soit une plus-value, soit une moins-value par rapport à la valeur indiquée dans l'acte d'apport de 1992 auquel l'honorable Députée fait référence. Pour déterminer la valeur d'un immeuble à vendre, POST Luxembourg indique qu'elle fait appel à au moins deux évaluateurs indépendants pour chaque immeuble. La vente se fait toujours au prix du marché.

Le montant de 18,4 millions d'euros est à considérer conjointement avec les plus ou moins 200 millions d'euros que POST Luxembourg a investis dans son parc immobilier au cours de la même période.

Pour des transactions d'une valeur inférieure ou égale à 10 millions d'euros, l'approbation du conseil d'administration de POST est effectivement requise en vertu de l'article 7 (1) de la loi du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications, telle qu'elle a été modifiée par la suite.

Pour les transactions supérieures à 10 millions d'euros, l'approbation du conseil d'administration et du ministre de tutelle sont requises en vertu de l'article 23 (2) de la loi du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications, telle qu'elle a été modifiée par la suite.

#### Matériel didactique disponible en ligne | Question 6446 (05/07/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Am Internet kënnen Enseignanten, déi hir Schoulstonne virbereede wëllen, eng ganz Retsch Ureegungen an och souguer ganz fäerdeg opgebaute Coursë fannen. Net ëmmer goufen déi proposéiert Coursen awer vu Pedagogen ausgeschafft an och net all déi proposéiert Inhalter si konform mam Plan d'études. Eng eegestänneg inhaltlech Evaluatioun an eng Qualitéitskontroll duerch d'Enseignanten ass soumat onerlässlech – virun allem, well och politesch a reliéis motivéiert Schoulmaterialien, déi keng objektiv Fakten erëmispigelen a soumat näischt an enger Schoul verluer hunn, am Internet kurséiere kënnen.

An de soziale Medie circuléieren an deem Kontext zurzäit Bäitrag vun Elteren aus Däitschland, déi schockéiert sinn iwwert d'Inhalter, déi hire Kanner am Sexualkundeunterricht bäibruucht goufen. Bericht gëtt hei vu Schoulmaterial, wat de Kanner eng extreem konservativ, kierperfeindlech an homophob Siicht op d'mënschlech Sexualitéit soll vermëttelt hunn, obwuel

dës Inhalter esou net um Schoulprogramm stoungen. Esou Schoulmaterial gëtt zum Beispill vu staark konservative reliéise Gemeinschaften ausgeschafft a verdeelt an ass esou och zum Deel online fräi zougänglech fir jiddereen.

An deem Zesammenhang wëllt ech dem Minister fir Bildung dës Froe stellen:

1. Ass et och zu Lëtzebuerg schonn zu Fäll wéi deem uewe genannte komm, wou Elteren sech doropshi beim Ministère beschwéiert hunn? Falls jo, wéi oft a wéi eng Suiten huet de Ministère dës Fäll ginn?

2. Ginn d'Problemer, déi mat Schoulmaterialien a Coursen, déi online oder offline vu Vereenegunge mat politescher oder reliéiser Motivatioun ugebuede ginn, an der Ausbildung an an der Formation continue um IFEN thematiséiert?

Wéi gëtt d'Leierpersonal hei sensibiliséiert?

3. U wie sollte sech d'Eltere wenden, wa si d'Gefill hunn, dass hir Kanner Inhalter vermëttelt kréien, déi dem lëtzebuergesche Plan d'études net entsprechen?

#### Réponse (02/09/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Bei mengem Ministère hu sech bis elo keng Elteren am Kader vun der vum honorablen Deputéierten ugeschwatenen Problematik beschwéiert.

Den Artikel 11 vun der Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental gesäit vir, datt déi pedagogesch Equippen op Alternativen zu deem vum Minister recommandéierten didaktische Material kënnen zeréckgräifen ënner de Konditiounen, datt dat alternatiivt didaktesch Material vum Schoulcomité approuvéiert gouf, an datt et konform zum Plan d'études ass. Iwwer dës Wee ass séchergestallt, datt direkt méi Membere vun der Schoulcommunautéit un der Selektioun vum didaktische Material deelhuefen, dat an de Lëtzeburger Schouklasse agesat gëtt, an zesumme garantéieren, datt dës Material konform zum Plan d'études ass.

ad 2. Den IFEN bitt eng ganz Rei Formatiounen an Zesummenaarbecht ënner anere mam CESAS, Planning Familial an anere Professionellen aus Lëtzebuerg an dem Ausland zu den Theeme Geschlechterdiversitéit, Genderklischeën oder Sexismus un.

Hei reflektéieren déi Professionell aus der Educatioun hir Haltung zu den Theeme Geschlechter, Geschlechternormen a Stereotypen, a ginn och un eng ganz Rei vu Kenntniss an Zesummenhang mat dëser Thematik erugefouert. Dacks besteet den Inhalt vun dësen Formatiounen aus enger kritescher Auseenansetzung mat Virstellungen, Stereotypen, vermeintleche Sécherheeten, Intersektionalitéit an Diversitéit ronderëm d'Theemeberäicher sexuell an affektiv Orientéierungen a Geschlechterlechkeet. Nieft der Vermëttlung vun Usätz mam Fokus op der Diversitéit, léieren si och hei Unterrechtmaterial an didaktesch Material kennen, dat si am Alldag an den Institutiounen uwende kënnen. Heibäi ginn awer och konkret Presentatiounen vu problematiséierte Ressourcen zur Fërderung vun der Gläichstellung vu Meedercher a Jongen an den Ëmgang mat der LGBTI-Diskriminéierung (vu Lesben, Schwulen, Bisexuellen, Transgender, Intersexuellen) thematiséiert.

ad 3. Sollten Eltere nach Froen zum didaktische Material hunn, dat an der Schouklasse vun hirem Kand agesat gëtt, esou ass deem éischten Uspriechpartner ëmmer den Titulaire de classe. Weider kënnen d'Elteren de Coordinateur de cycle an/oder de Schoulpresident kontaktéieren, fir vun dësem weider Renseignement zum didaktische Material ze kréien, dat an de Klasse vum concernéierte Cycle agesat gëtt.

**DAP Education | Question 6452 (06/07/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)**

Op der traditioneller Rentréespressekonzferenz, den 13. September 2021, huet den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend déi nei Ausbildung „DAP Education“ an der Formation professionnelle ugekënnegt. Dës gouf den 3. Mee 2022 méi genau presentéiert.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

1. Wéi ass d'Berufsbild vum „DAP Education“ definéiert? Laut dem Informationsflyer „DAP Education – Meng Ausbildung, Meng Passioun“ kann ee mat dëser Ausbildung a Betreuungsstrukture schaffen, zum Beispill Maison-relais oder Crèche fir Kanner vun 0 bis 4 a vu 4 bis 12 Joer, donieft och a sozialpädagogesche Strukturen fir Jugendlecher. Kann den Här Minister dëst confirméieren?

2. Am Accord, deen den Här Minister zesumme mat der CGFP de 16. November 2021 ënnerschriwwen hat, gouf festgehalen, dass den „DAP Education“ och an de „centres de compétences“ intervenéiere géif. Dëst fënnt een an deem uewe genannte Flyer net erëm. Kann den Här Minister bestätegen, dass dëst de Fall ass?

3. Wann den „DAP Education“ och an de „centres de compétences“ agesat ka ginn, a wéi enge Fächer ginn d'Schüler virbereet, fir am Inklusiounssektor ze schaffen?

4. Wéi vill Schoule wäerten den „DAP Education“ ubidden?

5. Sinn d'Admissiounen zueleméisseg begrenzt? Wa jo – wéi vill Schülerinnen a Schüler wäerte maximal pro Schoul ugeholl ginn?

6. Wann ee Schüler oder eng Schülerin den „DAP Education“ gepackt huet, wéi eng zousätzlech Ausbildungsperspektiven huet dës Persoun dono? Ginn do Passerellen ugebueden, wéi zum Beispill eng, fir dono de Beruff vum „éducateur diplômé“ ze léieren?

7. Laut der „grille d'horaires“ ass den „DAP Education“ als „plein temps“ mat Stage virgesinn, firwat ass bei dëser Ausbildung net de „régime concomitant“ gewielt ginn?

8. Si genuch Ausbildungsbetriber fir d'Stage bereet, déi déi néideg Bedéngungen erfëllen?

9. Hunn d'Lycéeën dat néideg Personal, fir dësen DAP ze enseignéieren? Wéi eng spezifesch Enseignanté gi gebraucht?

10. Fir d'Vakanzenaktivitéite kann an de Maison-relais op Schüler a Studenten zeréckgegraff ginn, déi am Besët vum engem Brevet „aide-animateur – niveau A“ sinn. Dëst ënner der Opsicht vum „Personnel d'encadrement“. Gehéiert eng Persoun mat engem ofgeschlossenen „DAP Education“ och zum „personnel d'encadrement“?

**Réponse (02/09/2022) de M. Claude Meisch,** Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Jo, dat sinn déi wichtegst Aarbechtsfelder, an deenen den Agent sociopédagogique dono schafft.

ad 2. an 3. D'Kompetenzzentren (Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée) betreie Kanner a Jonker mat ganz ënnerschiddleche Bedierfnisse; dëst souwuel an de Klasse vun de Kompetenzzentren wéi och an de Grondschoulen an an de Lycéeën. Deemo kéint en Agent sociopédagogique mat engem DAP Education duerchaus och bei der Prise en charge vu Schüler duerch e Kompetenzzentrum schaffen. D'Formatioun vum DAP Auxiliaire de vie

gëtt am Moment och reforméiert a spezialiséiert op Personnes à besoins spécifiques. Den Accord, deen de 16. November 2021 mat der CGFP ënnerschriwwen gouf, gesäit sengersäits just vir, datt an Zukunft och Agenten mat engem DAP kéinten agestallt ginn, ouni awer ze preziséieren, ëm wéi en DAP et sech dobäi handelt.

Wéi eng Modullen den neien Auxiliaire de vie op seng Tachen an de Kompetenzzentren virbereeden, kann een haut nach net soen, well d'Formatioun eréischt elaboréiert gëtt. An dat mat all de Parties prenantes aus dem Secteur, dorënner och d'Kompetenzzentren.

D'Betreiung vu Kanner mat spezifesch Bedierfnisse ass natierlech och en Deel vun der Ausbildung DAP Education, well och an der Aarbecht an den SEA- oder AEF-Strukture gëtt Inklusioun groussgeschriwwen. D'Schülerinnen a d'Schüler ginn duerfir am Laf vun hirer Ausbildung och dorop virbereet, bei Kanner mat spezifesch Bedierfnisse ze intervenéieren.

ad 4. Folgend Lycéeën bidden d'Formatioun DAP Education fir September 2022 un:

- Lycée du Nord
- Lycée technique pour professions éducatives et sociales
- Lycée technique de Bonnevoie
- Lycée technique du Centre
- Lycée Nic-Biever
- Lycée Mathias Adam
- Lycée Guillaume Kroll
- Maacher Lycée
- Nordstad-Lycée
- École nationale pour adultes
- École privée Marie-Consolatrice
- École privée Sainte-Anne
- École privée Fieldgen

Des Weidere gëtt och jeeweils eng Klass an deenen zwee CNFPC zu Esch-Uelzecht an Ettelbréck opge-maach.

ad 5. All Schoul muss fir sech festleeën, wéi vill Schüler pro Klass kënnen opgeholl ginn. Dat hântk vun de jeeweilege Ramebedéngungen of. Eng vum Educatiounsministère festgeluechte Maximalzuel gëtt et net.

ad 6. An der Berufsausbildung gëtt sech ëmmer beméit, dem Motto „kein Abschluss ohne Anschluss“ gerecht ze ginn. Vu datt awer keng legal festgeluechte Passerell tëscht der Berufsausbildung an dem Enseignement secondaire existéiert, gëtt et vum DAP Education keng automatesch Passerell op d'Formatioun vum Educateur. Et gëtt awer d'Méiglechkeet, fir eng Admissioun sur dossier am Lycée technique pour professions éducatives et sociales (LTPES) oder der École nationale pour adultes (ENAD) unzefroen.

ad 7. An de Gespréicher mat de Patronatsvertrieber innerhalb vun der Équipe curriculaire gouf de Wonsch geäussert, datt dës Formatioun an dëser Form sollt ugebuede ginn. Dëst gouf dann och vun der ganzer Équipe curriculaire esou arréiert. Déi verschidde Stagen erlaben et de Schülerinnen a Schüler, en Abléck an déi verschidden Aarbechtsfelder ze kréien an hir Formatioun an d'Praxis ëmzesetzen.

ad 8. Eng Institutioun, déi eng Schülerin oder e Schüler an de Stage wëll ophuelen, kann op der Chambre de Commerce den Droit de former ufroen. Institutiounen aus dem Kannerberäich, déi bis ewell Auxiliaires de vie ausgebild hunn, kënnen dann och den Droit de former a vereinfachter Form kréien. Fir den Undrang während de Stageperioden op d'Institutiounen a Grenzen ze halen, ginn d'Stagen zesumme mat de Lycéeën an all Regioun op verschidde Periode verdeelt.

ad 9. Aktuell leeft de Recrutement nach. Fir déi fachspezifesch Modulle gi virun allem Enseignanté mat

der Spezialisatioun Pédagogik, Educateur gradué oder Psychologie gebraucht.

ad 10. Laut dem Règlement grand-ducal vum 14. November 2013 gehéiert den Agent sociopédagogique zum „personnel d'encadrement“ vun enger Maison-relais. Dësen Diplôm préparéiert déi jonk Leit spezifesch dorop, fir am SEA-Beräich ze schaffen.

**Conseil de discipline aux lycées | Question 6453 (06/07/2022) de M. Fred Keup (ADR)**

Am Artikel 21 vum Gesetz vum 25. Juni 2004 „portant organisation des lycées et lycées techniques“ gëtt d'Prozedur am Zesummenhank mam „conseil de discipline“ (fréier bekannt ënner der Bezeichnung „gréngen Dësch“) erkläert. Et ass kloer, datt esou een Disziplinarréit een entscheidenden Impakt net nëmmen op déi schoulesch Karriär vum Schüler, mee och op déi ganz Schoulcommunitéit kann hunn.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

1. Wéi vill Disziplinarréit gouf et am Schouljoer 2021/2022 an de Lëtzebuerger Lycéeën? Aus wéi enge Grënn goufen dës Disziplinarréit aberuff a wéi eng Moossname goufen decidéiert?

2. Wéi huet sech d'Zuel vun den Disziplinarréit an de Lëtzebuerger Lycéeën an technesche Lycéeën an deene leschte Joren entwéckelt?

3. Wéi vill Schüler sinn an deene leschte Joren, a besonnesch och am Schouljoer 2021/2022, vun hirer Schoul verwise ginn?

4. Wéi ass d'Opdeelung vun dëse Renvoien no Geschlecht an Alter?

5. Wéi vill Decisiounen vun den Disziplinarréit sinn an deene leschte Joren, a besonnesch och am Schouljoer 2021/2022, annulléiert gi vum der Berufungskommissioun („commission de recours“)?

6. Wéi oft ass déi Kommissioun ugefrot ginn?

**Réponse (02/09/2022) de M. Claude Meisch,** Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Am Schouljoer 2021/2022 sinn 286 Disziplinarréit (Conseils de discipline) an de Lëtzebuerger Lycéeën aberuff ginn; 209-mol ass eng Schülerin oder e Schüler doropshi vun der Schoul verwise ginn.

Dës Disziplinarréit goufen aus folgende Grënn aberuff, sou wéi et am Artikel 43 vum Lycéesgesetz (Loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées) virgesinn ass:

- voies de fait, incitation à la violence, menace et actes de violence commis à l'égard d'un membre de la communauté scolaire;
- insulte grave;
- atteinte aux bonnes mœurs;
- port d'armes;
- harcèlement moral ou sexuel;
- vol dans l'enceinte du lycée ou lors d'un déplacement scolaire ou d'une activité périscolaire;
- faux en écriture, falsification de documents;
- refus d'observer les mesures de sécurité;
- déclenchement d'une fausse alerte ou annonce d'un danger inexistant avec l'intention de déclencher une fausse alerte;
- détention ou consommation ou trafic, dans l'enceinte du lycée, de stupéfiants prohibés;
- absence injustifiée des cours durant plus de soixante leçons au cours d'une même année scolaire ou plus de trente leçons pour les élèves des classes concomitantes;



– trois exclusions, pendant une même année scolaire, de tous les cours pour chaque fois au moins une journée.

ad 2. an 3. D'Zuel vun den Disziplinarréit ass an deene leschten dräi Jore liicht an d'Luucht gaang.

D'Zuele vum Schouljoer 2019/2020 mussen allerdéngs relativéiert ginn, well de Presenzunterrecht an de Schoulen dat Joer zäitweis net konnt stattfannen, dëst opgrond vun der Pandemie.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 4. D'Donnéen, déi eis vun de Lycéeën iwwermëttelt ginn, erlabe keng Opdeelung no Geschlecht an Alter.

ad 5. a 6. D'Berufungskommissioun (Commission de recours) ass am Laf vum Schouljoer 2021/2022 16-mol saisiéiert ginn; 13-mol ass d'Decisioun vum Renvoi confirméiert ginn, 3-mol ass se annulléiert ginn.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

### Experts externes dans l'enseignement secondaire | Question 6459 (07/07/2022) de Mme Martine Hansen | M. Marc Spautz (CSV)

Am Enseignement secondaire ginn eng Partie Coursé vu sougenannten externen Experte gehalen. An deem Kontext wëllt mir folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

– Kann den Här Minister eis driwwer informéieren, wéi dës Experte pedagogesch begleet ginn?

– Kann den Här Minister eis matdeelen, a wéi enge Fächer op extern Experten zréckgegraff gëtt a fir wéi vill Wochestonnen?

**Réponse** (02/09/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Am Enseignement secondaire besteet déi primär Aufgab vun de sougenannten „experts externes“ doran, an engem Domän ze intervenéieren, an deem si duerch hire beruflechen Hannergrond oder hir berufleche Vergaangenheet eng Erfahrung oder eng Expertis hunn, déi een am Prinzip net bei engem Enseignant fënnt.

D'Experts externes intervenéieren a verschiddene Beräicher wéi zum Beispill der Organisatioun vu péri-a-parascolaireschen Aktivitéiten, der Begleedung vu Stagen am Beräich vun der Gesondheets- an der edukative Beruffer oder nach der Simulatioun vu Berufs-situatiounen am Gesondheitsberäich.

Donieft ginn awer och eng Rei vun Experts externes fir den Unterrecht agesat; de folgenden Tablo weist d'Opdeelung no Fächer an d'Zuel vun de Wochestonnen, déi während dem Schouljoer 2021/2022 vun dëse Leit gehale goufen.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Dës Zuele weisen, datt d'Zeréckgräifen op Experts externes, déi direkt am Unterrecht intervenéieren, marginal ass an eng absolut Ausnam duerstellt.

Déi pedagogesch Begleedung vun den Experts externes geschitt schoulintern; si gëtt vun den Direktiounen vun de Lycéeën organiséiert.

### Contrat type des médecins libéraux | Question 6480 (14/07/2022) de M. Laurent Mosar | M. Max Hengel (CSV)

Suite aux révélations concernant la résiliation du contrat d'un médecin psychiatre par le Centre national de

rééducation fonctionnelle et de réadaptation, l'Association des médecins et médecins-dentistes (AMMD) précise dans un communiqué que les « relations contractuelles entre les médecins libéraux agréés et les établissements hospitaliers se font sur base d'un contrat dit "de collaboration" ». Le contrat type se fonderait sur un accord entre l'AMMD et la Fédération des hôpitaux luxembourgeois (FHL) négocié en 2004. Pourtant, toujours selon l'AMMD, cet accord ne prévoit pas de rétribution financière du médecin vers l'hôpital. En outre, l'Association des médecins et médecins-dentistes constate, que certains établissements hospitaliers ne respectent plus le contenu du contrat type.

Dans ce contexte nous voudrions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Est-ce que Madame la Ministre peut confirmer que l'accord entre l'AMMD et la FHL est toujours en vigueur ?

2) Est-ce que Madame la Ministre est d'avis qu'une telle rétribution financière est conforme à l'article 32 du Code de déontologie médicale et conforme à l'article 20 de la loi modifiée de 1983 sur l'exercice de la profession de médecin ?

3) Est-ce que Madame la Ministre est d'avis qu'une rétribution financière d'un médecin libéral envers un établissement public financé entièrement par le denier public est justifiée ?

4) Est-ce que Madame la Ministre peut confirmer que certains établissements hospitaliers ne respectent plus le contenu du contrat type négocié entre l'AMMD et la FHL ?

– Dans l'affirmative, quels sont les établissements en cause ?

5) Est-ce que Madame la Ministre est d'avis que l'accord entre l'AMMD et la FHL concernant les relations contractuelles entre les médecins libéraux agréés et les établissements hospitaliers doit être renégocié ?

**Réponse** (25/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) Le contrat type de collaboration est fondé sur les dispositions de l'article 33, paragraphe 7 de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière.

Force est de constater que l'accord en question entre l'AMMD et la FHL n'a pas fait l'objet d'une publication au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg.

Par ailleurs, ce même constat est corroboré par l'avis n° 51.878 du Conseil d'État notant que : « Le Conseil d'État n'a pas connaissance d'une publication officielle d'un tel contrat type qui serait opposable aux administrés conformément aux exigences de l'article 112 de la Constitution. »

ad 2) Oui, puisqu'il ne s'agit pas d'un partage d'honoraires entre confrères mais d'une participation par les médecins aux frais directs et indirects pour l'utilisation des ressources des établissements hospitaliers telles que les bureaux de consultations, les prestations administratives, etc. Il s'agit donc d'une simplification administrative permettant d'avoir un contrat collectif pour tous les services mis à disposition par l'hôpital au lieu de devoir élaborer un contrat individuel par type de service.

ad 3) La notion de contrat type d'un contrat d'agrément pour prestataires des soins non-salariés dans les établissements hospitaliers a été mise en place par l'article 31 de la loi du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers dont c'était l'unique objet. Il s'agissait d'harmoniser des stipulations contractuelles sans imposer une quelconque restriction à la liberté d'exercice d'une profession indépendante. Un contrat type ne peut pas apporter des restrictions à l'exercice médical

qui iraient au-delà de ce qui est prévu dans les dispositions légales, ni prévoir des dispositions qui seraient contraires à la loi, mais pourra tout au plus régler le détail d'éléments dénués de toute plus-value normative.

ad 4) Étant donné que le Ministère de la Santé n'a pas été officiellement saisi du contrat type en question, il ne peut, par conséquent, ni confirmer ni infirmer cette affirmation.

ad 5) Oui, étant donné que le projet de loi n° 8009 modifie l'article 33, paragraphe 7 de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière en ajoutant un point nouveau au contenu essentiel du contrat type de collaboration, l'accord entre l'AMMD et la FHL concernant les relations contractuelles entre les médecins libéraux agréés et les établissements hospitaliers doit être renégocié en tenant compte de cette modification.

### Déclenchement de la phase de vigilance | Question 6483 (14/07/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Gëschter, um 13.07.2022, hunn den Ëmweltministère an d'Waasserwirtschaftsamt e Communiqué eraus ginn, deem doriwwer informéiert, dass zu Lëtzebuerg opgrond vun den héijen Temperaturen an de feelenden Nidderschläi bis op Weideres eng „phase de vigilance“ declenchéiert gouf, wat d'Waasserkonsumatioun betrëfft. Niewent Recommandatiounen fir Privatleit enthält de Communiqué och en Appell un d'Entreprises an d'Gemenge mat de Wieder:

Secteur communal et professionnel: Cet appel s'adresse également aux communes et aux entreprises, qui peuvent limiter l'utilisation de l'eau potable au strict nécessaire, notamment en optimisant l'arrosage des espaces verts, en évitant l'utilisation des nettoyeurs à haute pression, ou encore en mettant à l'arrêt les fontaines publiques.

Trozt dësem Appell konnt ee gëschter an haut an der Hauptstadt awer nach gesinn, wéi de Pawee mam Hochdruckreiniger gebotzt ginn ass.

An deem Zesummenhang wëllt ech de Ministere fir Interieur a fir Ëmwelt, Klima an nohalteng Entwécklung dës Froe stellen:

1. Wéi gouf de Communiqué un d'Gemenge weitergeleert?

2. Kruten d'Gemengen iwwert de Communiqué eraus detailléiert Recommandatiounen, déi d'Waasserconsumatioun betraff hunn?

**Réponse** (23/08/2022) de **Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

Eng Circulaire ministérielle huet d'Gemengen iwwert d'Akraaftriede vun der Phase de vigilance informéiert. Dës ass vum Inneministère un d'Gemenge verschéckt ginn. An der genannter Circulaire stounge kloer Recommandatiounen fir de bewossten a spuersamen Émgang mam Drénkwaasser, souwéi dass keng Entnahmen aus de Baache méi dierfe getäteg ginn.

D'Circulaire N° 4159, ewéi aner Circularen och, kann an aller Transparenz um Internetsite vum Inneministère erofgeluede ginn: <https://mint.gouvernement.lu/fr/Circulaires/circulaires-2022/juillet-decembre.html>.

### Indemnité des apprentis adultes | Question 6486 (14/07/2022) de M. Fred Keup (ADR)

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6224 schreift den Här Schoulminister zu der

Auswirkung vum PII op d'Indemnitéit vun de Léierbouwen enner anerem dat hei: „Wat den Apprentissage adulte ugeet, gesäit dat groussherzoglecht Reglement vum 17. Dezember 2010 iwwer d'Organisatioun vum Apprentissage pour adultes vir, datt d'Apprentis adultes eng Indemnitéit (déi virum PII, respektiv nom PII) an e Complément kréien. D'Zomm vu béide Beträg ergëtt dann den onqualifizéierte Mindestloun.“

Am Artikel 7 vum groussherzogleche Reglement, op dat den Här Minister sech bezitt, ass zu den Indemnitéiten am Apprentissage adulte dann och dat hei ze liesen: « Le patron formateur paye à l'apprenti l'indemnité d'apprentissage légale ou conventionnelle augmentée d'un complément d'indemnité jusqu'à concurrence du salaire social minimum pour salariés non qualifiés. Le complément est remboursé au patron formateur par le Fonds pour l'emploi, s'il s'agit de demandeurs d'emploi, et par les crédits budgétaires du Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, s'il s'agit d'autres candidats à l'apprentissage pour adultes. Le remboursement du complément se fait selon les modalités du formulaire de remboursement délivré au patron formateur par le Service d'orientation professionnelle de l'Administration de l'emploi. » Den Text enthält keng Referenz op de PII.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister nach gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister preziséieren, ob de Léierbouf, deen en Apprentissage adulte mécht, virum Ofschloss vum PII manner ewéi den onqualifizéierte Mindestloun an der Pai kritt oder ob den Ofschloss just eng Differenz fir de Remboursement vum Complément un de Patron bedeit?

2. Falls am Sënn vun der Fro virdrun dat Zweet zutrëfft, gesäit den Här Minister duerch de PII dann eng Ongläichbehandlung vun deene Léierbouwen, déi hir Ausbildung iwwert den éischte Bildungswee ofschléissen?

3. Kann den Här Minister hypotheetesch matdeelen, ob hien dës Ongläichbehandlung als Ursach géif gesinn, fir de PII als Module am Lycée ze integréieren oder ofzeschaffen, fir méi eng héich Kohärenz tëschent dem éischten an dem zweete Bildungswee ze bewierken?

**Réponse** (02/09/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. De Léierbouf/d'Léiermeedchen am Apprentissage adulte kritt souwuel virum wéi och nom PII den onqualifizéierte Mindestloun. D'Reussite vum PII huet just en Impakt op de Remboursement vum Complément un de Patron.

ad 2. Vu datt mir hei zwee verschidde Systemer mat spezifesch Modalitéiten hunn, kann een net vun enger Ongläichbehandlung schwätzen. Wéi schonn am Punkt 1) geschriwwen, verdénkt de Léierbouf/d'Léiermeedchen am Apprentissage adulte den onqualifizéierte Mindestloun. Beim éischte Bildungswee ass eng Indemnitéit virgesinn (Groussherzoglecht Reglement vum 4. August 2022 iwwer d'Indemnitéiten am Apprentissage), déi am Fall vun der Reussite vum PII eropgeet.

ad 3. Laut Artikel 32 vum modifizéierte Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwer d'Reform vun der Berufsausbildung gëtt de Projet integréiert als Module considéiert. Hei ass keng weider Ännerung virgesinn.

**Service hivernal dans le nord du pays** | Question **6494** (15/07/2022) de **M. Carlo Weber** (LSAP)

Mir gouf zougedroen, dass de Wanterdénkscht am Norde vum Land esou reforméiert soll ginn, dass fir d'Kantone Clierf a Wolz just nach ee Cantonnier zoustänneg wier. Bis elo ware während de Wanterméint d'Permanenzen an dese Kantonen ëmmer besat. Dat war eng gutt Léisung, well esou der ënnerschiddlecher Situatioun tëscht beispillsweis Pommerlach a Wäiswampech konnt Rechnung gedroe ginn. Eng korrekt a séier Kontroll vun de Stroosse ka manner gutt vun engem eenzege Cantonnier bewältigt ginn, deen dann och vill méi wäit fuere misst, virun allem, wann ee bedenkt, dass d'Stroossennetz vun de Kantone Clierf a Wolz ëm déi 1.300 km ëmfaasst. Um Enn kéint sech dat och negativ op d'Stroossesécherheet auswirken.

An deem Zesummenhang wëll ech dem Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister dës Informatiounen bestätegen?

2. Wa jo, wat ass de Grond fir dës Ännerungen?

**Réponse** (01/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. D'Sécherheet vun den Automobilisten huet bei mir am Ministère a menge Servicer, wéi bei der Stroossebauverwaltung héchst Prioritéit. D'Stroossebauverwaltung ass deemno houfreg, fir an all de Beräicher, fir déi si zoustänneg sinn, dee beschtméigleche Service ze bidden. Dorënner fällt natierlech och de Wanterdénkscht, fir dee si landeswäit op de Staatsstroossen zoustänneg sinn.

Hanner deenen Asätz am Wanter stécht enorm vill Aarbecht, Koordinatioun a Planifikatioun, déi vu baussen net ëmmer novollzéibar sinn. D'Preparatiounen fänke schonn am Fréijoer un, dorënner d'Kontroll vun de Gefierer, déi gewaart a virbereet musse ginn. Och muss genuch Salz bestallt ginn, d'Streckpläng ugepasst ginn, déi nei Chaufferen an Aarbechter agewise ginn an d'Permanençpläng erstallt ginn. D'Ausmooss vun engem Wanter kann een zwar ni virausgesinn, mee duerch déi laangjäreg Erfahrung ass d'Stroossebauverwaltung gutt virbereet, fir de Wanterdénkscht an alle Situatiounen kënnen ze garantéieren.

Fir dass d'Stroossebauverwaltung den Automobilisten och an Zukunft dee Service ka bidden, dee si gewinnt sinn, gëtt et reegelméisseg Reunionen, fir de Wanterdénkscht ze thematiséieren, wat dann natierlech zu där enger oder anerer Ännerung féiere kann. Dat kann dann och emol bedeiten, datt zum Beispill déi intern Permanençpläng a Funktioun vum Personal nei opgestallt musse ginn.

Et ass richtig, dass et Iwwerleeunge gëtt, fir d'Wanterpermanenç vum „surveillant des domaines“ aneschtens ze organiséieren, dës awer net nëmmen am Kanton Clierf a Wolz, mee am ganze Land.

ad 2. Wa fréier d'Presenz vum „surveillant des domaines“ um Kanton noutwendeg war, fir den Zoustand vun der Strooss um Terrain am A ze behalen, well et keng aner Donnéeë ginn ass, ass dat haut net méi zwéngend noutwendeg, an dat Dank der Digitalisatioun an dem technesche Fortschritt.

Am Beräich vum Wanterdénkscht gëtt et permanent nei technesch Weiderentwécklungen an nei digital Méiglechkeeten. Et gëtt ëmmer méi prezis Stroossen- a Wiederdaten, déi zum Deel vun eegene Wiederstationen kommen, awer och vun externe Meteoservicer, mat deemstspriechend méi prezise Previsiounen,

déi donieft koordinéiert si mat de belschen a franséische Stroossegestionnairen. Op déi Informatiounen kann d'Stroossebauverwaltung iwwer sämtlech digital Medie permanent an iwwerall zrëckgräfen.

Et huet sech och erausgestallt, datt fir déi meescht Asätz allegueren d'Kantoner erausfueren. Dës féiert zu engem uniforme Streebild iwwer d'Kantongrenzen eraus a verhënnert, datt den Automobilist beim Iwwerfuere vun der Kantongrenz op eng aner Stroossensituatioun trëfft.

Zu gudder Lescht sinn och d'Streeween selwer ëmmer besser equipéiert, wat een automatiséierte Streeprozess erméiglecht.

D'Stroossebauverwaltung féiert also bestänneg Iwwerleeungen zur Optimiséierung vun Aarbechtsfoleef, well den digitale Fortschritt eng Rëtsch nei Méiglechkeeten ubitt. Hei gëllt et awer ze betounen, datt all Ännerung ëmmer am Interessi vun de Bierger sinn, an eng Verbesserung mat sech brénge soll a keng Verschlechterung.

Zu gudder Lescht bléift nach ze bemierken, dass d'Stroossennetz vun de Kantone Clierf a Wolz keng 1.300 Kilometer ëmfaasst, mee 580 Kilometer.

**Trafic scolaire sur le site du Limpertsberg** | Question **6500** (19/07/2022) de **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk)

En 2018, Monsieur le Ministre avait annoncé les relocalisations du Lycée Michel Lucius et du Lycée technique du Centre pour l'année 2025 au plus tôt. Le Lycée technique du Centre situé au Limpertsberg sera relocalisé vers le nouveau quartier en cours de développement du Midfield, desservi par le pôle multimodal en cours d'aménagement de Howald.

Entre-temps, Monsieur le Ministre a également annoncé l'installation à terme de la nouvelle école internationale, l'École Gaston Thorn, sur l'ancien site du Lycée technique du Centre.

Par le passé, le déménagement du Lycée technique du Centre et de ses nombreux élèves avait été imputée à une tentative de mieux répartir et de calmer le trafic scolaire. Or, en l'absence de mesures adéquates, l'installation de l'École Gaston Thorn sur le site du Limpertsberg ne devrait pas changer l'ampleur du trafic scolaire. Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale :

1) Dans la perspective de l'installation définitive de l'École internationale Gaston Thorn sur l'ancien site du Lycée technique du Centre, Monsieur le Ministre peut-il me renseigner sur le concept en vue pour tranquilliser le trafic scolaire sur le site du Limpertsberg ?

2) Qu'est-ce qui a motivé le déplacement du Lycée technique du Centre et son remplacement sur le site original par l'École internationale Gaston Thorn ?

3) Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis qu'une telle démarche pourrait jouer en faveur d'une homogénéisation de la population scolaire des points de vue sociodémographique et socio-économique ?

**Réponse** (01/09/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) Une tranquillisation conséquente du trafic scolaire sur le site du Limpertsberg et une meilleure accessibilité des différents établissements scolaires étaient au centre des réflexions qui ont mené le Gouvernement à planifier une délocalisation de tous les



établissements scolaires de la partie nord du Limpertsberg, à savoir le Lycée Michel Lucius, l'école Waldorf, le Lycée technique du Centre, et l'Université du Luxembourg.

Suite au déplacement de 1.200 étudiants de l'Université du Luxembourg vers Esch-Belval et la relocalisation du Lycée Vauban direction « Ban de Gasperich » début 2018, le nombre d'élèves et d'étudiants a sensiblement baissé de 8.050 à 5.500.

Avec le déménagement de la Waldorfschoul et la relocalisation du Lycée Michel Lucius (environ 1.600 élèves) vers le Kirchberg ainsi que celle du Lycée technique du Centre (environ 1.800 élèves) direction Cloche d'Or, le nombre d'élèves fréquentant le campus Limpertsberg à moyen et à long terme continuera à diminuer pour atteindre le nombre de quelque 1.900 élèves en 2028.

L'implantation de l'École internationale Gaston Thorn au Limpertsberg se fera dans le cadre d'un projet de requalification urbaine du quartier, dont les réflexions par rapport à la mobilité feront partie intégrante du projet.

Il est envisagé de réaffecter une grande partie des surfaces du Campus nord du Limpertsberg à de nouvelles utilisations en donnant la priorité à la création de logements abordables. Dans cette optique, il est prévu d'élaborer un plan directeur pour la totalité du site sous la régie du Ministère du Logement et en collaboration étroite avec la Ville de Luxembourg. Un concept de mobilité, élaboré en concertation avec tous les acteurs concernés, à savoir le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le Ministère de la Mobilité et des Travaux publics, la Ville de Luxembourg et l'École internationale Gaston Thorn, fera partie intégrante de ce plan directeur.

ad 2) Le Lycée technique du Centre (LTC) a été construit dans les années 1960, respectivement 1980, et nécessite d'importantes adaptations, voire rénovations ; ceci est également valable pour l'annexe du LTC au Kirchberg. Entre-temps, les obligations en matière de sécurité sont devenues plus exigeantes et les études menées par l'Administration des bâtiments publics ont confirmé qu'une nouvelle construction sur un nouveau site serait plus favorable qu'une rénovation des infrastructures existantes.

L'offre scolaire du LTC est très spécifique, notamment en raison des ateliers, et draine ainsi des élèves du pays entier. Il fut donc décidé de déplacer ledit lycée à proximité immédiate d'un pôle d'échange multimodal afin de faciliter l'accès et en même temps de décharger le quartier du Limpertsberg d'une partie majeure de son trafic scolaire, et de réunir les deux parties du LTC sur un même campus. La construction d'un nouveau bâtiment constituera par conséquent un avantage considérable. Jusqu'à la fin des travaux de construction, le LTC pourrait fonctionner sans perturbations sur ses deux sites actuels.

Néanmoins à l'avenir, ce site restera affecté au Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE). En effet, les nouveaux bâtiments, en fonction depuis la rentrée scolaire 2020 et abritant une cuisine de production avec un vaste restaurant scolaire, ainsi qu'un hall de sport à trois unités et des vestiaires, sont des constructions indépendantes qui pourront compléter, après démolition ou rénovation partielle de l'ancien bâtiment du LTC, une nouvelle structure scolaire de moindre envergure.

ad 3) La rénovation des infrastructures scolaires existantes et la planification d'infrastructures nouvelles tiennent compte en premier lieu d'impératifs liés :  
– à des questions d'ordre technique,

– à la disponibilité des terrains nécessaires le cas échéant,  
– aux transports publics.

Une homogénéisation de la population scolaire des points de vue sociodémographique et socio-économique n'est pas recherchée par le Gouvernement qui préconise au contraire la mixité sociale des élèves.

## Assistant parental | Question 6509 (20/07/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Den 12. Juli gouf an der Chamber d'Gesetz vun der gratis Kannerbetreuung an de Struktüre vun der nonformaler Bildung gestëmmt. Vun der Rentrée 2022/2023 ass den Accueil während de Schoulwoche deemno gratis fir déi schoulflächeg Kanner aus dem Enseignement fondamental. D'Gratuitéit betrëfft all d'Bildungs- a Betreuungsstrukture fir schoulflächeg Kanner, also och d'Dagesmammen a -pappen (Assistants parentaux). Alleguer si se aktuell mat de klammende Präisser bei de Liewensmëttel konfrontéiert, ouni dass de Barème fir d'gratist Mëttegiessen am Kader vum System „chèque-service accueil“ ugepasst ginn ass.

An deem Kontext wëllt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

1. Kann den Här Minister mech iwwer d'Evolution vum der Unzuel vun Dagesmammen a -pappe während deene leschten dräi Joer informéieren?
2. Falls ee Réckgang ze verzechnen ass, wéi eng eventuell Grënn gesäit den Här Minister fir d'Decisioun vu verschiddenen Dageselteren, fir mat hirer Aktivitéit opzehalen?
3. Am Fall, wou den Här Minister der Meenung ass, dass d'Dageselteren e wichtegt Element vun der Offer vun der Kannerbetreuung sinn, ass hie gewëllt, eppes géint de Réckgang vun der Unzuel vun „assistants parentaux“ ze maachen?
4. Wa jo, wéi eng Moossname si geplangt, fir d'Attraktivitéit vum „assistant parental“ héich ze halen?
5. Wéini wëll den Här Minister iwwer eng Upassung vum Plaffong vun der maximaler finanzieller Participatioun duerch de Staat pro Kand a pro Stonn fir den Accueil a fir d'Essen an de „structures d'accueil“ an och bei den „assistants parentaux“ decidéieren?

**Réponse (02/09/2022) de M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. D'Unzuel vun den agreéierten Dageselteren ass zanter 2017, zanter der Aféierung vum Bildungsrahmenplan a sengen Ufuerderungen, réckleefeg. D'Unzuel vun den agreéierten Dageselteren huet sech iwwert déi lescht dräi Joer follgendermoossen entwéckelt:

| 31.12.2019 | 31.12.2020 | 31.12.2021 |
|------------|------------|------------|
| 532        | 486        | 448        |

ad 2. En Agreement kann opgrond vun der Demande vun der Dagesmamm/dem Dagespapp annulléiert ginn, oder e gëtt annulléiert, well d'Dagesmamm/den Dagespapp d'Konditioun vum Gesetz net méi erfëllt. Laut den Aussoe vun deenen Dageselteren, déi eng Demande gestallt hunn, fir den Agreement ze annulléieren, sinn d'Grënn, déi si uféieren, ganz ënnerschiddlech. Verschidden Dageselteren halen zum Beispill op, well si an d'Pensioun ginn, anerer sichen sech eng aner Aarbecht. Eng Rëtsch Dageseltere wiesselen d'Wunneng an halen op mat der Aktivitéit.

Mat der Aféierung vum Bildungsoptag am Joer 2017 sinn natierlech och déi professionell Ufuerderungen un d'Dageseltere geklommen. Et gëtt sécherlech eng Rëtsch Dageselteren, déi an de leschte Joren opgehale hunn, well si sech iwweruerdert spieren duerch de Bildungsoptag, dee si kruten, och wa se dat net selwer als Grond ugin.

Mat Ausnam vum Joer 2017, mat der Aféierung vum Bildungsrahmenplan, huet sech d'Unzuel vun den Dageselteren, déi all Joer ophalen, awer net weesentlech geännert. Wat geännert huet, a wat och ausschlaggebend ass fir de Réckgang vun den Dageselteren, ass de Fait, dass sech kaum nach Leit mellen, fir an d'Aktivitéit eranzeklammen. An der Zäit hu pro Joer ëm 100 nei Kandidaten d'Prozedur ugefaangen, fir d'Funktoun vun der Dagesmamm/dem Dagespapp ze assuréieren, an hunn domidden d'Unzuel vun den Annulatiounen kompenséiert. D'lescht Joer zum Beispill hunn 13 Kandidaten d'Prozedur ugefaangen, an et goufen nëmmen 10 nei Agreementen ausgestellt par rapport zu 49 Annulatiounen.

ad 3. De Réckgang vun der Unzuel vun Dageselteren ass den 20. Abrëll 2022 an der zoustänneger Chamberkommissioun diskutéiert ginn am Kontext vum Motioun vum honorabelen Deputéierte Serge Wilmes.

An dëser Chamberkommissioun ass d'Bedeitung vun den Dageselteren als ee wichtegt Element vun der Offer vun der nonformaler Bildung ervirgehuewe ginn, an déi verschidde Pisten, déi an der Ausaarbechtung sinn, goufen erkläert. D'Diversitéit vun der Betreuungs- a Bildungsoffer ze erhalen, ass och laut Regierungsprogramm eng Prioritéit, well se erméiglecht, beschtméiglech op déi verschidde Besoine vum Kand an den Elteren anzegoen.

Fir d'Diversitéit ze erhalen a fir den Accueil en famille ze valoriséieren, gëtt am Kader vun enger Reform vun der Funktioun Assistance parentale, zesumme mat de betroffenen Acteuren (Service national de la jeunesse, Agence Dageselteren, Dageselteren, Träger aus dem Secteur vun der nonformaler Bildung) a mat Hëllef vun enger externer Consultance, en ëmfaassenden Analys- a Reflexiounsprozess gefouert.

ad 4. Wéi an der Chamberkommissioun schonns preziséiert, dréien d'Reflexiounen ronderëm déi folgend Achsen:

- d'Käschtenanalys vum Accueil bei den Dageseltere mam Hëllef op eng eventuell Erhéijung vun der maximaler staatlecher Hëllef vum Chèque-service accueil;
- d'Méiglechkeet, eng Indemnité de démarrage anzeféieren;
- d'Concertatioun ronderëm d'Afëiere vum Programm vun der Méisproochegkeet bei den Dageselteren.

Vu datt den aktuelle Statut vun den Dageselteren als Indépendant eng Rei Problemer mat sech bréngt, evaluéiert mäin Departement doriwwer eraus och verschidde Pisten am Hëllef op hire Statut.

Et sief an dësem Kontext och drun erënnert, dass d'Gratuitéit vum Accueil an dem Iesse bei de Schoulkanner ab der Rentrée 2022/2023 och bei den Dageselteren applizéiert gëtt.

ad 5. Mäin Departement ass amgaangen, an engem breede Concertatiounsprozess mat enger externer Consultance an all de concernéierte Partner, Analysen ze maachen iwwer d'Käschtestruktur vum Accueil bei den Dageselteren. En änlechen Analys- a Concertatiounsprozess gëtt am Kontext vun den institutionelle Bildungs- a Betreuungsstrukturen initiéiert.

Op Basis vun dësen Analyse gëtt eng Decisioun geholl iwwer eng eventuell Upassung vum Plaffong vun der maximaler finanzieller Participatioun duerch de Staat.

### Impact de la canicule sur l'infrastructure de transport | Question 6514 (20/07/2022) de M. Max Hahn | M. Claude Lamberty (DP)

Am Kader vun der aktueller Canicule konnten ënner anerem an England op verschiddene Strecken zäitweileng keng Zich méi fueren, well sech d'Gleiser duerch déi grouss Hëtzt verformt haten.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Ass et zu Lëtzebuerg och scho virkumm, dass sech Gleiser weinst der Hëtzt verformt hunn?
2. Wéi geet d'CFL mat dësem Risiko, deen an den nächste Jore weider klamme wäert, ëm? Wéi eng Mesurë si virgesinn, fir ze evitéieren, dass Zich ausfallen, well se net méi op de Gleiser fuere kënnen?
3. A wéi fern ass den Tramsreseau vum selwechte Risiko betroff? Wéi geet Luxtram mat dësem Risiko ëm?
4. Wéi eng aner Elementer vun der Mobilitätsinfrastruktur kënten duerch eng Hëtztwell sou staark belaacht ginn, dass se ausfale kënten? Wéi gëtt sech op déi Eventualitéit preparéiert?

**Réponse (25/08/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

ad 1. Jo, dat kënnt an der Moyenne eemol pro Joer vir.

ad 2. De Risiko vu Gleisverdrückungen a Gleisverwerfungen gëtt an den Eisebunnsreglementer behandelt an et sinn eng Rei Mesurë virgesinn, fir deem entgéintzewirken.

D'Schinn ginn esou verschweest, dass ee Gläichgewicht tëschent den Zochkräften bei nidderegen Temperaturen am Wanter an den Drockkräften bei héijen Temperaturen am Summer besteet. Niewent deenen normale Gleisbegehungen si weinst den héijen Temperaturen zousätzlech Gleisbegehungen virgesinn, fir eventuell Schwaachpunkte feststellen an ze beheben. D'Iwwerwachung vun der Schinnentemperatur geschitt digital mat Hëllef vu Festinstallatiounen, déi iwwert de Reseau verdeelt sinn.

Bei der Erneuerung vu Gleiser gi systematesch Bëtonsschwellen agebaut, well déi eng besser Stabilität garantéieren.

ad 3. Am Géigesaz zu de Schinne beim Zuch (CFL) stinn d'Schinn vum Tram op enger vegetaliséierter oder mineraliséierter Plattform. An dëser Konfiguratioun ass just déi ieweschte Laffläch vun der Schinn der Sonn ausgesetzt, d'Säite vun de Schinne gi vum Belag verstoppt. Och d'Vitess vum Tram a sengem urbanen Ëmfeld ass méi niddreg am Verglach zu där vum Zuch, soudatt d'Belaaschtung vun der Infrastruktur och méi kleng ass.

De Risiko vun enger Verformung vun der Schinn kann awer ni komplett ausgeschloss ginn.

Fir dëse Risiko op e Minimum ze reduzéieren, gëtt fir sämtlech Systemer eng präventiv Maintenance duerchgefouert.

ad 4. En anert Element vun der Infrastruktur, déi duerch eng Hëtztwell kéint staark belaacht ginn, ass d'Oberleitung. Iwwer Géigegewichter gëtt si awer enger konstanter mechanischer Spannung ausgesetzt. Duerch Hëtzt an déi doraus folgend Dilatatioun kann awer d'Oberleitung geschwächt ginn.

Weiderhi stellen Energieversuergungssystemer ee Risiko duer. Dës sinn awer beispillsweis beim Tram gréisstendeels ënnerierdesch geluecht ginn a sinn domadder net vun enger Hëtztwell betroff.

### Petit éolien | Question 6515 (20/07/2022) de M. Max Hahn | M. Claude Lamberty (DP)

Den Ausbau vun den erneierbaren Energien ass eng vun de Prioritéiten vun der Regierung am Kampf géint de Klimawandel. Eng interessant Pist ass de Modell vum Prosumer, also der Produktioun a Consommation vun Energie op lokalem Niveau, deen duerch d'Regierung och schonn op déi eng oder aner Manéier ënnerstëtzt gëtt.

D'Autoconsommation vun nohaltegem Strom beschränkt sech allerdéngs am Moment op PV-Anlagen, während Wandkraaft éischter am Kader vu grousser Wandparke genotzt gëtt.

Déi spuenesch Firma Vortex Bladeless huet eng Turbin entwéckelt, déi duerch de Wind a Schwéngung geréit an op déi Manéier Strom produzéiert. De Modell ass mat maximal dräi Meter Héicht daitlech méi kleng ewéi normal Wandrieder a kéint och ënner gewësse Konditiounen, z. B. um Daach vu Büroen oder Wunnhaiser installéiert ginn.

Donieft gëtt et um Marché och e grouss Choix u vertikale Wandturbinen, déi geneesou fir d'Stromproduktioun a klengem Moossstaf agesat kéinte ginn a PV-Anlagen ergänze kéinten.

An deem Kader wollte mir der d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltege Entwécklung an dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:

1. Ass d'Regierung au courant vun dëse Wandturbinen?
2. Ginn et Iwwerleeungen, ënner gewëssen Ëmstänn d'Installatioun vun esou Wandturbinen mat méi niddreger Leeschtung z. B. doheem um Daach oder am Gaart ze erlaben? Wa jo, wat wieren d'Konditiounen?
3. Ass d'Regierung bereet, esou Wandturbinen, änlech ewéi PV-Anlagen, ze subventionéieren? Wann net, firwat net?

**Réponse (19/08/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

ad 1. De Sujet vu klenger Wandanlagen ass de betroufene Ministère bekannt, an an der Vergaangenheet goufen och schonns Entwéckler vu sou Mini-Wandanlagen ënnerstëtzt. Och si vereenzelt sou Anlagen hei am Land opgeriicht ginn. Wat de spezifesch Fall vu Vortex Bladeless ugeet, sou leien dem Minister, zoustänneg fir Energie, keng präzis Demarchen oder Informatiounen vir.

ad 2. Wann een esou eng Anlag wëllt opriichten, gëtt et jee no Anlag an no Plaz, wou se soll opgeriicht ginn, verschidden Obligatiounen, wéi z. B.

- eng Baugeneemegung,
- eng Geneemegung opgrond vum Naturschutzgesetz beim Opriichten innerhalb vun enger Gréngzon,
- eng Geneemegung opgrond vum Kommodosgesetz (nëmme Wandturbinen/Wandanlage mat iwwert 100 kVA, wat dann 80 kW installéierter Leeschtung géif entsprechen, brauchen eng Kommodosgeneemegung, fir méi kleng Anlage gesäit d'Kommodosgesetz keng Obligatiounen vir).

Onofhängeg vun deenen Obligatiounen ass et och wichteg, bei esou Anlagen op d'Schallemissiounen (dB Wäerter) opzepassen, geneesou wéi op déi technesch Uschlossbedingung vum Netzbedreier.

ad 3. Fir d'Wandkraaft ginn et zwee finanziell Ureizer, déi och fir kleng Wandanlage gëllen:

- engersäits eng Hëllef op der Investitioun fir Betriber (déi beim Wirtschaftsministerium ugefrot ka ginn)

iwwert den Artikel 9 vum Staatshëllefgesetz vum 15. Dezember 2017;

– an anerersäits den Aspeisetarif (vum Energieministère), deen am Reglement iwwert d'Produktioun vu Strom op Basis vun erneierbaren Energie virgesinn ass.

Et ass och ervirzehiewen, dass grouss Wandturbinen daitlech méi Strom produzéieren wéi dës kleng an d'Regierung dowéinst virun allem op den Ausbau vun dëse setzt.

### Paiement de la prime pour la production d'électricité à partir de sources renouvelables | Question 6518 (21/07/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Onsen Informatiounen no kouw et an der rezenten Vergaangenheet zu Problemer beim Ausbezuelen vun de garantéierten Aspeisetariffer vu PV-Anlagen (déi een ënnert dem A3.1-Formular ufroe kann). Nodeems dës Demande an den Accusé de réception am Februar erausgeschéckt goufen, waarden déi betroufte Leit bis haut nach op hiren Decombe an domadder och op d'Ausbezuelen. Déi concernéiert Leit krute per Telefon matgedeelt, dass hiren Dossier an der Rei wier, et géif een awer nach säitens vum Ministère op d'Fräigab vun de Sue waarden.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Energieminister stellen:

1. Kann de Minister confirméieren, dass et dëst Joer zu Verzögerungen bei den Ausbezuelungen fir garantéiert Aspeisetariffer vu PV-Anlagen komm ass?
2. Wa jo, wat sinn d'Grënn hefir a wéi wëll een an Zukunft sou Verzögerungen verhënneren?

**Réponse (23/08/2022) de Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

ad 1. De Règlement grand-ducal du 28 décembre 2001 instituant une prime d'encouragement écologique pour l'électricité produite à partir de l'énergie éolienne, hydraulique, solaire, de la biomasse et du biogaz huet e Primeregime agefouert fir elektresch Strom, deen zu Lëtzebuerg op Basis vu Wandenergie, Waasserenergie, Solarenergie an Energie vu Biomass a Biogas produzéiert gëtt. Dëst Reglement gesäit keen Delai vir fir d'Ausbezuelen vun dësen Aiden a vun engem Joer op dat anert kënnen dës Delaien an engem gewësse Mooss variéieren. Dëst Joer sinn d'Delaie fir den Traitement vun dësen Ufroen zum Deel méi laang gewiescht, sou wéi dat och bei anere Primmen a finanziellen Hëlfelefen de Fall war.

ad 2. Dës méi laang Delaie komme weinst dem groussen Succès vun der Prim „Klimabonus Mobilitéit“ esouwéi dem „Neistart-Lëtzebuerg-Programm“ an déi doduerch erhéichten Unzuel vun Demanden. Dowéinst hunn am Service subsidies et aides financières vun der Ëmweltverwaltung missen d'Ressourcen tëscht deene verschiddene Regimier ëmverdeelt ginn. Weider Retarde waren duerch d'Covid-19-Situatioun bedéngt. De Service huet sech an der Tëschenzäit anescht opgestallt, esou datt een Ausfall vun engem Agent keen esou groussen Impakt méi huet.

### Action « été » pour les sans-abris | Question 6519 (21/07/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Wäit Deeler an Europa befannen sech aktuell erëm an enger Hëtztwell, déi virun allem déi Schwächsten an eiser Gesellschaft mat voller Wucht trefft. Leit, déi op der Strooss liewen, hunn net vill Méiglechkeeten, fir sech virun den héijen Temperaturen ze schützen.



Grad an Zäite vum Klimawandel, wou mer ëmmer méi mat Wiederextremer wäerten ze kämpfen hunn, géllt et, déi Schwächsten an eiser Gesellschaft viru sengen Auswierkungen ze schützen.

Zu Berlin wëllt een hei elo aktiv ginn: Wéi de „Berliner Kurier“ mell, ginn do speziell Noutënnerkënf op, wann d'Temperaturen erop ginn. De Grondgedanken ass änlech wéi bei der Wanteraktioun: D'Leit gi virum extreme Wieder geschützt.

An deem Zesummenhang wëllt ech der Ministesch fir Famill an Integratioun dës Fro stellen:

– Gëtt dëst Konzept och schonns zu Lëtzebuerg applizéiert a falls jo, wou?

Falls nee, wäert d'Regierung hei handelen, fir nach an dësem Summer esou eng Noutënnerkonft zur Verfügung ze stellen?

**Réponse** (11/08/2022) de **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

De Familljeministère ënnerstëtzt finanziell eng Rei u Noutfallstrukturen a Servicer, déi sech dat ganz Joer iwwer ëm obdachlos Persounen bekëmmere, ewéi zum Beispill déi dräi Haltes de nuit (vu Caritas accueil et solidarité an der Croix-Rouge), de Service premier appel (vun Inter-Actions), de Service para-chute (vu Caritas accueil et solidarité) an awer och d'Urgence-Foyeren Abrisud zu Esch a Centre Ulysse an der Stad. Et gëtt awer um Terrain kee Besoin, fir eng Noutënnerkonft ze schafen, déi spezifesch bei héijen Temperature kéint an Usproch geholl ginn.

D'Acteuren um Terrain hunn eng Rei u Mesurë geholl, fir hir Beneficiairë virun den héijen Temperaturen ze schützen. Esou kréien obdachlos Persounen reegelméisseg Waasser ausgedeelt a gi sensibiliséiert, wéi si sech virun der Hëtzt schützen kënnen. D'Streetworker beméien sech, all Persoun, déi si op der Strooss begéinen, bei d'Dagesstrukturen ze orientéieren, wou si sech erhuele kënnen, an awer och bei öffentliche Waasserfontänen a bei déi Servicer, déi Duschen zur Verfügung stellen. Och um Niveau vun den Infrastrukturen hunn eng Partie Servicer hir Raimlechkeeten amenagéiert, respektiv baussen Zelter a Sonnepräbbelien opgestallt, fir Schiet ze schafen.

Generell schafft de Familljeministère, zesumme mat den Associatiounen aus dem Obdachloseberäich, konstant drun, fir d'Offer fir Leit op der Strooss auszubauen an durabel Léisungen auszuschaffen, déi et de concernéierte Leit erméiglechen, hir Liewenssituatioun laangfristeg ze verbessere an aus der Obdachlosegkeet erauszekommen.

**Recrutement militaire** | Question 6520 (21/07/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

D'Armée deet sech zënter Jore schwéier, fir Zaldoten a Personal ze rekrutéieren. De Chef d'état-major sot an engem RTL-Interview vum 1. Juli 2022, dass ee mierkt, dass de Recrutement méi schwierig gëtt, wann d'Konjunktur gutt ass an d'Aarbechtslosegkeet déif. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N° 1601 vum 2019 war och ugeklongen, dass a Joren, an deenen d'Verwaltunge vill Leit astellen, dës um Aarbechtsmaart mat der Armée konkurréieren. Eng Konkusioun, déi een dorausser zéie kann, ass, dass d'Armée insgesamt muss méi attraktiv ginn, fir um Jobmarché kënnen matzehalen. D'Chance dofir bitt sech, well de Minister wëllt bis 2028 d'Militärausgaben op bal eng Milliard (1 % vum Bruttoinlandsprodukt) erhéien.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir Verdeedegung dës Fro stellen:

1. Opgelëscht pro Joer, zënter 2017, wéi vill Persounen  
1) ware fräiwëlleg Zaldoten bei der Armée,  
2) ware professionell Zaldoten bei der Armée,  
3) waren an ziville Karriären agestallt,  
4) si vun der Armée rekrutéiert ginn,  
5) hunn d'Armée verlooss,  
6) sinn a Pensioun gaangen,  
7) hunn d'Armée fréizäiteg verlooss (Civil, SdtVol a Beruffsmilitaire)?

2. Op déi lescht zéng Joer gekuckt, wéi vill Prozent vun den Zaldoten hunn hire Kontrakt vun dräi Joer net erfëllt a wéi vill Prozent kruten e verlängert?

Wéi vill Prozent kruten hire Kontrakt ëm 1 Joer nom Auslafe verlängert a wéi vill Prozent ëm 2 Joer, ëm 3 Joer etc.?

3. Wéi vill Zaldoten a Militaires de carrière feelen aktuell an de Reien am Verglach zu de Recrutementspläng vun der Armée?

4. Wéi schonns erwänt, wäerten d'Militärausgabe bis 2028 op 1 % vum PIB erhéicht ginn. De Minister hat och schonn d'Beräicher presentéiert, an deenen een d'Armée verstärker wëllt. Dorënner falen, den Dokumenter op [gouvernement.lu](http://gouvernement.lu) no, follgend Punkten:

- Acquisition du matériel et des équipements militaires nécessaires (systèmes de communications, véhicules, armements et munitions);
- Mise en place d'un stock de munitions selon les exigences OTAN;
- Mise en place de l'infrastructure nécessaire pour le soutien du bataillon;
- Assurer le maintien en condition, la modernisation et le développement de nos capacités existantes (A400M/MRTT);
- Continuer et développer la contribution luxembourgeoise aux programmes de surveillance aérienne de l'OTAN (AWACS – Alliance Ground Surveillance (AGS));
- Alliance Future Surveillance Concept (AFSC) afin de garantir leur opérationnalité;
- Soutenir et développer la fourniture de services (ISR/Évacuation médicale/transport) à nos partenaires au sein des organisations dont le Luxembourg fait partie;
- La poursuite et le développement des capacités des systèmes aériens de surveillance et d'observation pilotés à distance (UAS/RPAS);
- L'élargissement et le développement de nos capacités dans le domaine spatial en ligne avec notre Stratégie spatiale de défense, publiée en 2022:

- Communication satellitaire (SATCOM)
- Earth Observation (LUXEOSys)
- Space Situational Awareness
- Clean Space
- Le développement de nos capacités de défense et de sécurité cyber;
- Les investissements dans l'infrastructure militaire à travers:

- [...]
- La rénovation et le maintien de l'infrastructure militaire nationale et internationale au Luxembourg.

- 1) Wéi verdeelen sech déi zousätzlech Militärausgaben op déi hei uewe genannte Beräicher?
- 2) Wéi personalintensiv sinn déi virgestallte Projeten? Muss d'Armée dës Spezialisten (z. B. Défense spatiale) rekrutéieren a falls jo, existéiert hei eng Strategie, fir déi richteg Profiller kënnen ze rekrutéieren?

5. Existéiert eng längerfristeg Visioun, fir déi ënnescht Karriären an der Armée a fir den Zaldot an den nächste fënnf Joer méi attraktiv ze maachen?

6. Existéiert eng längerfristeg Visioun, fir d'fräiwëlleg Zaldoten no der Durée de service laangfristeg un d'Armée ze bannen?

**Réponse** (22/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Défense

ad 1.

1) (*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).*)

Dës Chiffere bezéien sech op d'Zaldoten, déi asafäeg sinn, d. h. sech an der „phase militaire“ vun hirem Engagement befannen.

D'Zaldoten, déi nach an der „instruction de base“ sinn a nach net vereedegt goufen an d'Zaldoten déi hiren Engagement ofgeschloss hunn a sech an der Rekonversion befannen, sinn hei net mat agerechent.

2) (*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).*)

3) (*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).*)

4) (*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).*)

5) Ech verweisen op d'Tableau 6 a 7.

6) (*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).*)

7) (*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).*)

Dës Chiffere beinhalte Stierfäll an Demissiounen.

Zaldoten, déi hiren Engagement (dräi Joer) oder hire Reengagement (no dräi Joer) ënnerbrach hunn, fir Kaperol, Ënneroffizéier oder Militärmuseker ze ginn, sinn net agerechent.

ad.2. (*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).*)

Fir d'Joren 2019 bis 2021 sinn d'Chiffere vun de Kontrakter vun dräi Joer, déi net erfëllt goufen, nach net final, well dës Kontrakter nach lafen. Et ass dovun ausgeginn, dass déi Chifferen nach liicht an d'Luucht ginn.

Um Niveau vun de Reengagementer ass ze bemerken, dass d'Zaldoten zu follgenden Zäitpunkte gefrot ginn, ob se reengagéiere wëllen:

- Reengagement fir dat 1. Joer: no 24 Méint;
- Reengagement fir dat 2. Joer: no 44 Méint;
- Reengagement fir dat 3. Joer: no 54 Méint.

Aus deem Grond sinn eng Rei Donnéeën fir d'Joren 2018 bis 2021 nach net disponibel.

ad 3. Um Niveau vun den Zaldoten feelen aktuell ronn 4 Leit pro Anzéien. Héichgerechent sinn dat 12 Zaldoten, déi pro Joer feelen. De Fall gesat, d'Unzuel vu Rekrutementen bleift um aktuellen Niveau, kéint dës Zuel duerch déi zukünfteg Engagementer vun der Armée an d'Luucht goen. Fir deem Rechnung ze droen, ass dofir am neien Arméiesgesetz, dat um Instanzewe ass, virgesinn, d'Durée vum Engagement vun den Zaldoten vun dräi op véier Joer ze verlängere. Des Weidere solle méi Kapereel (d. h. Beruffszaldoten) iwwer déi nächst Joren agestallt ginn, dëst prioritär op méi technesch Posten (z. B. Aide-mécanicien, Canonnier, Aidman an der Infirmerie, Chauffeur poids lourd). Domadder dierft an noer Zukunft sécher gestallt ginn, dass d'Armée déi néideg Unzuel vun Zaldoten huet.

Um Niveau vu Karriärs militäre feelee ronn 120 Leit. D'Posten an den operationellen Unitéite si gréissten-deels besat. Déi onbesate Poste befanne sech aktuell haaptsächlech am État-major an am zukünftige binationale Bataillon, dee Lëtzebuerg mat der Belsch fir 2028 opstellt. Dohier muss de genannte Chiffer och op eng Period vu sechs Joer gekuckt ginn, soudass d'Armée bis 2028 all Joer plangt, am Duerchschnitt 20 Beruffsmilitär anzustellen. Zu deene Poste gehéieren

och déi uewen ugeschwaten Zaldoteposten, déi duerch Kapereel sollen ersat ginn.

ad 4. Zum haitegen Zäitpunkt ass et nach ze fréi, eng detailléiert Opdeelung vun den zousätzleche Militärausgaben ze maachen, well déi momentan just op initialen eventuelle Piste geplangt sinn. Méi genee Zuele kënnen eréischt genannt ginn, wann d'Planung vun deene Projekte méi wäit fortgeschritt ass an och wann d'Diskussioun mat verschiddenen eventuelle Partnerorganisatiounen oder -länner méi verdéift goufen.

Déi verschidde Projekte wäerten een Impakt op de Besoin u Personal hunn, esouwuel um Niveau vun der Direction de la défense ewéi och bei der Armée. Déi Projekten, déi am Moment unviséiert ginn, si wéineg personalintensiv an déi néideg Rekrutementer wäerte sech iwwert déi nächst Jore verdeelen. Mee wéi vill Personal am Detail gebraucht gëtt, kann eréischt festgeluecht ginn, wann d'Planung vun de Projekte méi wäit fortgeschritt ass.

Fir d'Ausschaffe vun de Projekte gëtt eng bestëmmte Methodologie (DOTMLPF fir doctrine, organization, training, materiel, leadership and education, personnel, and facilities) benotzt, wou ënner anerem eng genee Analys vum Besoin u Personal gemaach gëtt a wou och de Rekrutement a Betruecht geholl gëtt.

ad 5. a 6. D'Attraktivitéit vun der Armée gëtt op verschiddenen Niveaue séchergestellt.

Mam Schaf vum engem neie legale Kader duerch dat neit Armées- an d'RICO-Gesetz („Loi sur le régime d'indemnisation et de compensation opérationnel de l'armée luxembourgeoise“, dat an de kommenden Deeg an der Chamber deposéiert gëtt) ginn ënner anerem d'Statute moderniséiert an déi verschidden Aarbechtsregimenter verbessert. Gréisste Beneficiaire vun dese Reforme sinn d'Zaldoten, déi besser Indemnisationen a Kompensationen wéi an der Vergaangenheet kréien.

Am neien Arméesgesetz sinn dräi Karriären exklusiv fir d'Zaldote reservéiert: d'militäresch Karriäre C1 („Enneroffiziéier“) a C2 („Kaperol“) souwéi d'Karriär vum Gardien de l'armée.

De Rekrutement fir déi zukünftige militäresch B1-Karriär gesäit e Prioritéitsrecht fir Zaldote vir.

Onofhängeg vum Prioritéitsrecht vun den Zaldoten beim Rekrutement an de C- an D-Karriären vum Staat ass d'Armée allgemeng beméit, fréier Zaldoten, déi den Ufuerderunge fir zivill Plazen an der Armée entsprechen, ze rekrutéieren.

Och wann Aspekter wéi Remuneration, Primmen a Congéeng zur Attraktivitéit bäidroen, ass et awer schlussendlech d'Käaraarbecht vum militäreschen Beruf, déi d'Armée attraktiv mécht. Dozou gehéieren z. B. den Training, d'Exercicer an d'operationell Asätz. Trotz hirer bescheidenen Gréisst ass och déi grouss Diversitéit vun Aarbechtsberäicher (vu Reconnaissance iwwer Logistik, Kommunikatiouns- an Informatiounssystemer, Drone bis hin zur Aviatioun) e groussen Atout vun der Armée.

#### Effectif de l'armée | Question 6527 (22/07/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Et gouf vusäit vum Verdedegungsministère a vun der Armée ugekënnegt, dass ee gemeinsame Bataillon tëschent Lëtzebuerg an der Belsch soll realiséiert ginn. Dem Chef d'état-major sengem Interview vum 1. Juli 2022 op RTL no, solle 700 Leit an dese Bataillon kommen, wouvunner Lëtzebuerg d'Hallschent, also 350 Zaldote stelle soll. Dës 350 Zaldote missten, dem Chef d'état-major no, net zousätzlech rekrutéiert ginn, well ee scho kéint op ee Pool vun 250 Zaldoten

zeréckgräifen, déi scho fir d'NATO disponibel sinn. Et misst een deemno „nëmmen“ zousätzlech 100 Zaldote rekrutéieren, fir de Bataillon kënnen ze assuréieren.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir Verdedegung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Zaldoten a wéi vill Militaires de carrière feelen aktuell bei der Armée?

2. Ass bei deene genannten Zuele vun 100 zousätzlechen Zaldoten och den aktuelle Personalmangel matagerechent? Falls net, wéi vill Zaldote mussen zousätzlech zum Bataillon nach ageballt ginn?

3. Wéi vill Zaldote wiere mam Aféiere vum Bataillon nach fir aner Missiounen (z. B. OMP) disponibel a wéi wäert de Minister dofir suergen, dass et méiglech bleift, fir dës Missiounen oprechtzeerhalen?

4. Wéi wëllt d'Armée an Zukunft hire Missiounen heem gerecht ginn, wann eng Majoritéit vum operationellen Deel vum Personal am Ausland stationéiert wäert sinn?

5. Gëtt d'Personal vun der Armée an Zukunft duebel verplangt, fir souwuel am binationalen Bataillon wéi och op enger OMP-Missioun deelzehuelen? Gëtt d'Personal och schonn aktuell duebel verplangt a falls jo, fir wéi eng Aktivitéiten?

6. Wéi wäert d'Fro vun der Propriétéit vun den Infrastrukturen an dem Material am Bataillon gehandhaabt ginn?

7. Ass virgesinn, fir dee logisteschen Deel direkt mat an der Belsch ze stationéieren?

8. Wéi wäerten d'Militärausgabe vum gemeinsame Bataillon Lëtzebuerg an der Berechnung vun den NATO-Bäitrag zeguttkommen?

#### Réponse (22/08/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Défense

ad 1. Ech verweisen op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 6520.

ad 2. Jo.

ad 3. bis 5. D'Armée wäert weiderhin all hir verschiddenen national an international Missiounen erfëllen, mee et ass momentan nach ze fréi, fir dës Froe kënnen am Detail ze beäntweren.

De Bataillon wäert aus 4 operationelle Kompanien bestoen, 2 belschen an 2 lëtzebuergeschen. Aktuell ass geplangt, dass just eng lëtzebuergesch Kompanie an der Belsch stationéiert wäert ginn. Déi aner wäert zu Dikrech bleiwen an och fir national Missiounen zur Verfügung stoen.

Zenarie mat enger zukünftiger Bedeelegung vun Deeler vum Bataillon un OMP-Missiounen sinn och ugeduecht.

ad 6. E binationalen Aarbechtsgrupp befaasst sech mat dese Froen.

ad 7. D'Defense schafft un engem Konzept, fir en Deel vun der Logistik eventuell hei zu Lëtzebuerg duerchzuführen.

ad 8. D'Militärausgabe ginn net vum Bataillon, mee vun de jeeweilege Länner gemaach. Ergo kritt all Land seng Ausgabe verrecht.

#### Prime énergie pour les personnes à revenus modestes | Question 6529 (22/07/2022) de Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)

Als Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5910 huet d'Madame Familljeministesch erkläert, dass eng

Informatiounscampagne gemaach ginn ass, fir potenziell Beneficiaire vun der neier „prime énergie“ op dës Primm opmierksam ze maachen. Dës Primm gëtt automatesch u Beneficiaire vun der Allocation de vie chère iwwerwisen, kann awer och vu Menagen ugefrot ginn, déi keng Allocation de vie chère zegutt hunn. Dës ënnert der Konditioun, dass se ee Revenu éligible läit. An der Äntwert op déi uewe genannte parlamentaresch Fro huet d'Madame Familljeministesch och ugin, dass geschat gëtt, dass 10.000 nei Beneficiaire vun der „prime énergie“ kéinte profitéieren. An deem Zesummenhang wëllt ech folgend Froe stellen:

– Wéi vill Demandé si bis elo erakomm, fir an de Genuss vun dëser Primm ze kommen? A wéi vill Leit kruten dës Primm automatesch mat der Allocation de vie chère iwwerwisen?

– Ass d'Madame Familljeministesch net der Meinung, dass nach weider Efforte misste gemaach ginn, fir iwwert dës nei Primm ze kommunizéieren?

#### Réponse (03/08/2022) de Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

Op den 22. Juli 2022 ass de Fonds national de solidarité mat 29.715 Demandé befaasst ginn; dës Demandé si souwuel fir d'Allocation de vie chère wéi fir d'Prime énergie.

13.421 Stéit kruten d'Allocation de vie chère an d'Prime énergie zesummen ausbezuelet.

978 Stéit krute just eng Prime énergie ausbezuelet.

Fir de Public iwwert d'Prime énergie ze informéieren, huet de Famillen- an Integrationsministère tëschent dem 28. Mäerz an dem 3. Abrëll dës Joer eng Informatiounscampagne an de „klassischen“ an an de sozialen Medie gemaach.

Fir dësen Hierscht plangt d'Regierung eng weider Informatiounscampagne zum Thema Energie.

#### Délits commis à l'étranger | Question 6530 (22/07/2022) de M. Dan Biancalana (LSAP)

Selon un article publié récemment, les statistiques de l'Office fédéral allemand de la police criminelle (BKA) montrent que des personnes de nationalité luxembourgeoise se sont fait remarquer à maintes reprises par la police en Allemagne en commettant des délits. Pour 2021, les statistiques font état de 704 délits et crimes reprochés aux Luxembourgeois. Dans 28 cas, il s'agissait de lésions corporelles graves. Par ailleurs, 206 délits liés à la drogue, 82 vols, 20 infractions à la loi sur les armes et 15 délits sexuels ont fait l'objet d'une enquête. Dans quatre cas, des Luxembourgeois ont agressé physiquement des policiers allemands.

À ce sujet, je souhaite poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure et à Madame la Ministre de la Justice :

– Quelle est l'évolution de ces chiffres au cours des cinq dernières années ? S'agit-il principalement de Luxembourgeois de passage en Allemagne ou résidant en Allemagne ?

– Pour les situations concernées, y a-t-il une prise de contact entre le BKA et les autorités luxembourgeoises ? Dans l'affirmative, sous quelle forme ? Sur quelles données les informations échangées portent-elles ?

– Combien de personnes de nationalité luxembourgeoise ont été condamnées à l'étranger au cours des cinq dernières années ? Quels sont les types de peines prononcées ?

– Y a-t-il eu des transferts de détenus luxembourgeois respectivement y a-t-il eu des exécutions d'autres



modalités de peines au Luxembourg suite à des condamnations à l'étranger au cours des cinq dernières années ? Dans l'affirmative, combien ?

**Réponse** (11/08/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

Le Parquet général n'est pas systématiquement informé lorsqu'une personne résidant au Luxembourg a commis un délit ou un crime à l'étranger. Par conséquent le Parquet général ne peut pas fournir les statistiques demandées alors que de telles statistiques par pays ne sont pas recensées.

En ce qui concerne le nombre de transferts de détenus résidant au Luxembourg et le nombre d'exécution d'autres modalités de peines au Luxembourg suite à des condamnations à l'étranger au cours des cinq dernières années, voici un tableau recensant les différentes données :

|                                   | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 |
|-----------------------------------|------|------|------|------|------|
| Transfèrments                     | 4    | 3    | 1    | 5    | 4    |
| Exécution de mesures de probation | 3    | 0    | 4    | 5    | 5    |

## Réduction volontaire de la vitesse | Question 6532 (22/07/2022) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)

Suite à l'explosion des prix des carburants, à côté d'une utilisation renforcée des transports publics et de la mobilité douce, une conduite moins énergivore pourrait contribuer à alléger les budgets des automobilistes.

Dans certains pays européens, on a pu observer une réduction volontaire de la vitesse permettant d'atteindre ce but.

– J'aimerais dès lors savoir de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics si une évolution comparable a pu être observée au Luxembourg.

**Réponse** (01/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

En ce qui concerne la vitesse pratiquée sur la voirie de l'État, une tendance générale à la réduction de la vitesse pratiquée a pu être constatée depuis la mise en place du système de contrôle et de sanction automatisés (CSA) qui contrôle la vitesse des véhicules en rapprochement ou en éloignement ainsi que la vitesse moyenne des véhicules entre deux points.

Pour ce qui est de la constatation d'une réduction supplémentaire de la vitesse pratiquée en raison de la flambée des prix des carburants, aucune statistique actuelle ne me permet de démontrer une telle adaptation du comportement des automobilistes.

Par contre, on peut supposer que les usagers de la route sont conscients de leur propre responsabilité dans la préservation des ressources limitées et y contribuent en réduisant leur vitesse.

## Compte IAM des élèves | Question 6533 (22/07/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

D'Schüler hunn hei zu Lëtzebuerg all en IAM-Kont (Identity and Access Management), deen et hinnen erlaabt, op déi digital Servicer vun der Education zouzegegräfen. Dat ass souwuel fir de Fondamental wéi och fir de Secondaire de Fall. Zousätzlech hunn si Accès zum Microsoft Office 365 (Word, Excel asw.), mat deem si bis op Première schaffen. All Dateie sinn um Onedrive gespäichert, an dräi bis véier Méint nom Secondairesofschloss gëtt den IAM-Kont deaktiviert a sämtlech Zougëffer gi sou annulléiert.

Dat bedeit fir d'Schüler, dass si sech all hir Donnéeën, déi si eventuell op der Uni nach missten oder wëlte consultéieren, anerwärts späichere mussen an dass si d'Donnéeën net méi onbedéngt du hunn, wou si se brauche respektiv wou si se zu all Zäitpunkt kënnen consultéieren. Dobäi kënnt, dass si dann och kee gratis Accès zum Microsoft Office 365 méi hunn, an domat och keen Accès méi zu der gewinnter Software.

An deem Kontext wëllt ech folgend Froen un den Här Minister fir Education, Kanner a Jugend an un den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung stellen:

– Hält den Här Minister et fir sennvoll, fir deene Schüler, déi sech nom Secondairesofschloss op enger Uni oder eng Héichschoul aschreiwten, den IAM-Kont weider aktivéiert ze loossen an de Studenten esou den Accès op hir Dokumenter weiderhin ze erlaben?

– Wa jo, vu wéini u wier dat méiglech a wéi géif dat praktesch oflafen?

– Wann net, firwat net?

– Besteet och d'Méiglechkeet, fir de Studente weiderhin e gratis Accès zur noutwendeger Software ze ginn?

**Réponse** (02/09/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

Den IAM-Kont vun alle Schülerinnen a Schüler, déi hire Secondairesofschloss gemaach hunn, gëtt den 31. Dezember vum neie Schouljoer definitiv deaktivéiert. Während dës Méint kënnen d'Schülerinnen an d'Schüler weider op hiren E-Mail-Kont an hir Dokumenter op der Microsoft-365-Plattform zougräfen, soudatt den Aschreiwungsprozess op eng Universitéit oder Héichschoul nach heiriwwer kann ofgewéckelt ginn.

Weider bleift de Schülerinnen a Schüler genuch Zäit, fir sämtlech Donnéeën aus der Microsoft-Cloud ze recuperéieren, dëst entweder op engem USB-Stick oder op engem private Laptop respektiv Computer. All Schülerinnen a Schüler aus den Ofschlossklasse gi laang am Virfeld via E-Mail iwwer dës Deadline informéiert a gebieden, hir Dokumenter aus der Cloud ofzespäicheren.

Déi allermeescht Unien an Héichschoulen offréieren de Studenten direkt no der Aschreiwung den Accès op eng eegen Uni-Cloud, iwwer déi d'Uni exklusiv kommunizéiert. Hei kritt d'Studentin oder de Student an der Regel, nieft enger Rei vun digitale Servicer a Software, eng eegen E-Mails-Adress a kann och Dokumenter ofspäicheren.

Deemno mécht et kee Sënn, den Accès op d'Microsoft-365-Cloud vum Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE) weider oprecht ze halen. Dëst wär „double emploi“ a géif d'Lizenzkäschten, esouwuel fir den IAM-Kont wéi fir d'Microsoft-Cloud, iwwer Joren dramatesch impaktéieren, onofhängeg dovun, ob d'Studentin oder de Student se benotzt oder net.

## Amélioration de la qualité de vie du quartier Kirchberg à Luxembourg-ville | Question 6536 (22/07/2022) de M. François Benoy (déi gréng)

En 2018, le Fonds de Kirchberg avait chargé le bureau d'architectes spécialisé Gehl Architects de Copenhague

de repenser entièrement l'espace du Kirchberg. Les architectes-urbanistes danois ont créé une vision holistique du quartier Kirchberg qui est centrée sur les personnes et le bien-vivre et qui dépasse définitivement la banlieue administrative et financière que fut le Kirchberg dès son urbanisation. Des années 60 jusqu'aux années 80, le développement du quartier s'était surtout focalisé sur le volet « travail », en accueillant institutions européennes, banques et autres acteurs de la place financière, combiné à une planification résolue pour les seuls besoins des automobilistes.

Aujourd'hui, l'objectif d'urbanisation est la création d'un quartier plus mixte, densifié, qui facilite et combine toutes les fonctions de la vie urbaine : habiter, travailler, commerces et loisirs. Afin de dépasser définitivement les erreurs du passé et pour faciliter le renouveau, la mixité, la convivialité et la qualité de vie des personnes vivant, travaillant ou circulant au Kirchberg, le bureau Gehl a proposé de se concentrer prioritairement sur quelques axes stratégiques, à savoir le réseau des espaces publics, les possibilités de densification de l'espace urbain, l'intégration de mobilier urbain, la mise en place d'un réseau de pistes cyclables et une nouvelle approche en matière de parkings pour voitures.

Les experts danois ont identifié non seulement 86.000 m<sup>2</sup> d'espace pas ou peu utilisé, mais aussi plus de 97.000 m<sup>2</sup> de parking en surface, de zones de livraison et de routes surdimensionnées, ce qui représente donc un énorme potentiel urbanistique encore inexploité dans le périmètre d'urbanisation actuel et donc disponible pour de nouveaux projets, comme par exemple la création d'une piscine publique en plein air.

En concordance avec les changements déjà opérés ces dernières années au Kirchberg – notamment la transformation de l'axe routière John F. Kennedy en couloir de mobilité urbaine multimodale combinant bus, tram, voitures, vélos et aménagements pour piétons – les experts danois recommandent notamment un réaménagement systématique des infrastructures de mobilité afin d'aménager plus de rues apaisées et des pistes cyclables séparées du trafic automobile, car la demande de la part des citoyens serait très élevée, tout comme l'impact sur la qualité de vie et la convivialité des quartiers.

1) Selon le site web du Fonds de Kirchberg, les deux premiers projets mettant en œuvre les recommandations de l'étude Gehl sont la transformation de la rue Érasme et le réaménagement du côté sud de l'avenue J. F. Kennedy. Quel est l'état d'avancement de ces projets ?

2) Est-ce que les recommandations du bureau Gehl ont déjà eu un impact sur d'autres projets urbanistiques du Kirchberg et quels seront les prochains projets d'urbanisation mis en œuvre par le Fonds de Kirchberg ?

3) Où et comment seront mises en œuvre – à court, moyen et long terme – les recommandations du bureau Gehl liées à l'amélioration de la mobilité active et notamment en ce qui concerne les rues apaisées et le réseau de sentiers et de pistes cyclables sûrs et attractifs (p. ex. connections entre sentiers et pistes actuels, séparation du trafic automobile, adaptations aux croisements et autres mesures de sécurité, etc.) ?

4) Où et comment seront mises en œuvre – à court, moyen et long terme – les recommandations visant à vitaliser les différents zones et bâtiments du quartier Kirchberg (mesures de mixité, activation des rez-de-chaussée des bâtiments, densification ciblée, etc.) ?

5) Où et comment seront mises en œuvre – à court, moyen et long terme – les recommandations visant à valoriser et à rendre plus attractifs les parcs, places et autres espaces publics du Kirchberg ?

6) Qu'en est-il de l'élaboration d'une stratégie globale de la gestion des espaces de parking du Kirchberg ?

**Réponse** (17/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) Le 29 juillet 2022 le Fonds de Kirchberg a inauguré la nouvelle piste cyclable bidirectionnelle dans la rue Érasme. Ce projet fait partie des premiers pas (« first steps ») proposés par Gehl pour la transformation de la rue Érasme et crée une connexion cyclable aisée entre le boulevard K. Adenauer et l'avenue J. F. Kennedy. En grande partie, cette piste cyclable a été implantée en réduisant le nombre de voies pour voitures. Dans le cadre du projet, des emplacements de stationnement le long de la rue Érasme ont été supprimés, ce qui a également permis d'y planter une terrasse pour le restaurant qui se situe au niveau du carrefour avenue JFK – rue Érasme. L'ensemble des mesures citées fait preuve de la mise en œuvre des stratégies « Gehl » : redistribution de l'espace public (de la voiture vers les piétons et cyclistes), réduction du nombre de stationnements pour voitures en bord de rue, activation de l'espace public en permettant par exemple l'aménagement de terrasses pour la restauration.

Concernant le côté sud de l'avenue Kennedy, une piste cyclable « provisoire » a été créée sur l'ancienne voie bus fin 2018, en attendant une transformation plus substantielle et définitive de cette zone. Actuellement, des études sont en cours pour continuer cette piste cyclable bidirectionnelle sur site propre au niveau de la place de l'Europe. Une refonte définitive du côté sud de l'avenue Kennedy se fera en plusieurs sections et en relation avec les projets d'aménagement urbain voisins.

ad 2) Les recommandations du bureau Gehl ont été intégrées dans les stratégies du Fonds pour le développement de l'ensemble des futurs quartiers. Dès le départ, les grands développements tels que Kuebebi, J. F. Kennedy sud, Grünewald ouest et LuxExpo vont être conçus suivant la philosophie « Gehl », en mettant l'être humain, notamment le piéton et les cyclistes, au centre de toute réflexion quant à l'aménagement urbain. Chaque projet d'envergure suit son calendrier individuel et sera réalisé en plusieurs phases, sur une durée de plusieurs années.

ad 3) Sur base des recommandations de Gehl, le fonds a créé un groupe de travail interinstitutionnel « pistes cyclables Kirchberg » en 2020, pour améliorer le réseau de pistes cyclables sur le plateau Kirchberg, résoudre des points de danger, notamment par la prise en compte des obstacles dans l'espace public et optimiser les connexions avec le réseau de pistes cyclables en dehors du plateau.

Le groupe de travail a trois missions principales, en fonction du planning de la mise en œuvre des améliorations :

- À court terme, concevoir et mettre en place des améliorations ponctuelles sur le réseau existant, telles que l'amélioration du marquage sur les carrefours existants, la séparation claire des piétons et vélos au niveau des « trottoirs mixtes », l'ajout de passages pour piétons et vélos, etc.

- À moyen/long terme, concevoir et développer des solutions pour des changements de plus grande envergure sur le réseau cyclable existant (par exemple la transformation du boulevard Adenauer et de la rue Érasme) et l'ajout de nouvelles pistes cyclables dans les quartiers existants (liens manquants, etc.).

- En continu, accompagner des projets d'envergure urbanistiques et routiers en cours et futurs sur le plateau Kirchberg, par exemple Kuebebi, LuxExpo, etc., pour assurer une intégration optimale des stratégies (Gehl).

Depuis sa création, le groupe de travail a déjà pu initier de nombreuses interventions (principalement « court terme ») sur le réseau cyclable, comme notamment :

- la création de la nouvelle piste cyclable bidirectionnelle dans la rue Érasme ;
- des transformations au niveau du rondpoint « Chambre des Métiers » (les travaux seront réalisés après le congé collectif) ;
- des adaptations au niveau du carrefour rue des Labours – av. JFK (les travaux seront réalisés après le congé collectif).
- Dans le Parc Réimerwee, des pictogrammes ont été mis en place au niveau des croisements de la piste cyclable avec les chemins piétons, la mise en place de l'éclairage de la piste cyclable est en préparation.
- Au niveau de plusieurs sorties parking, des pictogrammes ont été mis en place pour avertir les voitures d'un croisement de piétons et cyclistes.
- Plusieurs passages combinés piétons – cyclistes ont été complétés (gués manquants).

Comme suggéré par Gehl, le groupe de travail est également en train de définir une « identité visuelle » pour les pistes cyclables du Kirchberg, qui va améliorer la lisibilité du cheminement cyclable. Une fois défini, cette identité visuelle sera mise en place au fur et à mesure sur tout le plateau.

ad 4) Concernant l'activation des rez-de-chaussée et la mixité programmatique du Kirchberg, le Fonds de Kirchberg poursuit une stratégie à plusieurs volets. Depuis quelques années, un des objectifs principaux du Fonds est la création de logement, pour mieux équilibrer le ratio habitants – postes de travail. À long terme, le nombre d'habitants va augmenter de quelque 4.000 habitants aujourd'hui à environ 25.000 – 30.000 habitants. L'augmentation significative de la population du Kirchberg (résidents) est essentielle pour atteindre une meilleure mixité programmatique et des quartiers animés. En parallèle avec l'augmentation successive de la population, les équipements nécessaires en termes de commerces de proximité, offre culturelle, scolaire et sportive seront développés.

Une attention particulière est portée à l'échelle humaine de l'urbanisme des futurs quartiers. Dans la mesure du possible, et malgré une densification nécessaire, le Fonds de Kirchberg essaie d'assurer une échelle humaine des bâtiments, un maillage fin des chemins piétonniers, un microclimat agréable dans des espaces extérieurs (ensoleillement, confort de vent, végétation) et une activation des rez-de-chaussée aux endroits stratégiques.

Dans les quartiers existants, la situation est plus complexe et la transformation prendra plus de temps. Souvent, les améliorations ne peuvent être mises en œuvre qu'au moment où un bâtiment existant est remis en valeur. Ensemble avec le propriétaire et les autorités compétentes, le fonds accompagne un processus de transformation vers un projet plus cohérent et en ligne avec la philosophie Gehl.

ad 5) Entre 2018 et 2022, la stratégie globale des espaces publics, élaborée par le bureau Gehl, a été intégrée dans la planification des projets de parcs, places, placettes et autres espaces publics.

Pour les projets liés à l'activation et à l'aménagement des espaces publics à court terme, le fonds a eu l'occasion de se faire et accompagner par le bureau Gehl et mettre en œuvre les projets repris dans le « The Public Space Network Plan ».

Parmi les projets qui seront développés à court, moyen et long terme on peut souligner les projets suivants :

- La création de la plateforme sur la place de l'Europe : inaugurée en 2019, la plateforme a permis d'activer et de rendre attractive la place pour de nombreux événements. Jusqu'à ce jour, le fonds a rendu possible une vingtaine d'événements dans le strict respect des règles sanitaires en vigueur dans le contexte de la pandémie.

- La mise à disposition de l'amphithéâtre du Parc central pour manifestations culturelles et éducatives. Même pendant la pandémie cet endroit était sollicité par des nombreux organisateurs.

- La réalisation d'une passerelle piétonne et cyclable reliant l'avenue J. F. Kennedy, respectivement le pôle d'échange train-tram-bus au Parc Dräi Eechelen. Cette nouvelle liaison a pour vocation de rapprocher la culture du grand public en la rendant plus accessible et visible depuis l'axe majeur du plateau de Kirchberg. La passerelle devra être achevée au courant de l'année 2023.

- La réalisation du Jardin du multilinguisme qui sera aménagé temporairement sur une réserve foncière du fonds dans le quartier européen du plateau de Kirchberg. Le jardin du multilinguisme est une nouvelle forme d'espace vert public implanté entre la ligne de tram K2 en étude et le chemin du Réimerwee. Lors de la conception du jardin, la notion de flexibilité et adaptabilité de l'espace public aux usagers a été intégrée. Ainsi le jardin dispose de pièces végétales pouvant accueillir différents événements ouverts au public et sera équipé d'un mobilier urbain amovible de façon à permettre aux usagers de construire leur espace en fonction de leurs envies. Le projet sera achevé au courant de l'année 2023.

- Le réaménagement des placettes à usage public du quartier du Grünewald. L'idée de ce réaménagement a été initiée par le fonds suite à des concertations avec la Quartier Stuff du quartier du Grünewald et en parallèle à l'élaboration de la stratégie Gehl. Le réaménagement vise à :

- améliorer le confort d'usage de placettes en créant des cheminements plus confortables ;
- revoir le mobilier urbain de façon à garantir un confort d'usage et une sécurité d'usage (bancs, tables, éclairage, pergola, fontaine d'eau, ...) ;
- créer des espaces de rencontres ;
- pérenniser le concept des jardins communautaires.

Le réaménagement des placettes s'achèvera en 2023.

- La conception d'un « pocket parc » où d'un espace vert de proximité dans les PAP NQ Kiem. De façon à développer une programmation pour cet espace, le fonds et la Ville de Luxembourg ont opté pour l'idée d'organiser une consultation de riverains pour cibler aux mieux les attentes des riverains pour espace vert d'implanté en cœur de quartier. Ce « pocket parc » s'insérera dans les constructions existantes tout en visant à créer un espace de rencontre des habitants du quartier. Le planning du projet prévoit le démarrage des travaux en 2026. La première consultation des riverains est prévue pour automne 2022.

- L'idée d'une piscine en plein-air a été reprise dans le projet Güller & Güller pour le Kuebebi. Pour des raisons de plusieurs contraintes techniques, la faisabilité de la mise en œuvre d'une piscine en plein air devra encore être approfondie avec le développement du Kuebebi.

Parallèlement à ces projets ponctuels le fonds continue à équiper ses parcs publics existants en mobilier urbain afin de rendre leur usage plus aisé par le grand public (aménagement de toilettes publiques dans le Parc central, mise en place de projets visant à revoir l'éclairage des chemins et des pistes cyclables dans le Parc central et le Parc Réimerwee, sécurisation des accès vers les parcs, ...).



De façon à créer une continuité dans l'aménagement de l'axe du Réimerwee, le fonds sensibilise les différents promoteurs sur l'intégration de la stratégie Gehl dans les cahiers des charges urbanistiques appliqués lors de la construction ou de la reconversion de terrains bâtis par le passé.

ad 6) La stratégie globale de gestion des parkings sur le Kirchberg se base sur les recommandations effectuées par Gehl, ainsi que sur les différents retours d'expérience du fonds et de ses interlocuteurs. Elle porte sur plusieurs piliers dont l'ensemble a comme objectif de réduire la circulation individuelle motorisée.

La mise en place de cette stratégie sera facilement observable dans les nouveaux quartiers en cours d'élaboration et de développement : le Fonds du Kirchberg réduit au maximum dans les futurs projets le ratio « nombre de stationnements – m<sup>2</sup> SCB », ceci dans le cadre légal défini par le PAG. La centralisation des emplacements de stationnement dans un nouveau quartier, en combinaison avec le carsharing et la location de vélo (cargo bike, etc.), permet de faire une offre de mobilité individuelle optimale aux futurs habitants, malgré un nombre limité de voitures dans le quartier. Pour une gestion optimale et flexible dans le temps, les emplacements de parking ne sont plus attribués de manière fixe à un logement (vente ou location long terme), mais les emplacements sont loués de manière flexible et en fonction des besoins actuels.

Concernant les anciens quartiers, bâtis à une époque où le paradigme était tout autre, le fonds veille à les intégrer le plus possible dans une stratégie Gehl, tout en les préservant dans un souci d'efficacité écologique (démolir et reconstruire régulièrement est très polluant) et économique.

De manière générale, le nombre d'emplacements de stationnement dans l'espace public sera réduit au minimum (priorité aux emplacements PMR, court terme et livraisons), pour pouvoir attribuer cet espace à d'autres fonctions, qui contribuent à l'activation et la qualité de l'espace public.

À souligner enfin que, pour une partie des stratégies proposées par Gehl, d'autres acteurs sont appelés à amener un changement de stratégie.

### Actions de sensibilisation en vue de la composition paritaire des listes de candidats pour les élections communales de 2023 | Question 6537 (22/07/2022) de Mme Jessie Thill (déi gréng)

Lors des dernières élections communales, le Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes (MEGA) avait lancé la campagne « Votex égalité » afin de sensibiliser et de mobiliser le grand public en vue d'augmenter la part du sexe sous-représenté – c'est-à-dire la part des femmes – dans le domaine de la politique. Parmi les éléments mis en œuvre pour se rapprocher d'une composition paritaire des listes de candidat.e.s, on peut citer des incitations financières pour soutenir des projets de sensibilisation, de formation et/ou de mentoring, une campagne médiatique, la diffusion de témoignages de personnalités connues, des soirées d'information régionales et des portes ouvertes communales.

Pourtant, avec 35,78 %, le taux de femmes candidates aux élections communales de 2017 restait bien en dessous de la parité et même du quota minimal de 40 % de candidats de chaque sexe pour les élections législatives. L'inégalité devient encore plus flagrante au niveau des collèges échevinaux. D'après des chiffres du Conseil national des femmes du Luxembourg de mars 2021, seuls 13 des 102 mandats de bourgmestre et 41

des 226 mandats d'échevin.e.s sont occupés par des femmes ! Vu que le MEGA prépare actuellement la campagne de sensibilisation pour les élections communales de juin 2023, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre :

1) Combien de femmes se sont déjà enregistrées pour participer à la nouvelle campagne de témoignages visant à motiver à travers les réseaux sociaux d'autres femmes à s'engager en politique ? Quelles plateformes sont visées par cette campagne ?

2) Quelle est la stratégie ministérielle pour augmenter davantage le nombre de femmes candidates et élues aux élections communales de 2023 ? Quelles autres actions de soutien et de sensibilisation sont prévues ?

**Réponse (22/08/2022) de Mme Taina Boffending,** Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes, Ministre de l'Intérieur

Le programme gouvernemental de 2018 et le Plan d'action pour une égalité entre femmes et hommes (PAN) se donnent l'ambition d'améliorer l'équilibre entre les femmes et les hommes dans la prise de décision locale et encourage les partis politiques à garantir, à l'échelle nationale, un quota de 40 % de chaque sexe sur leurs listes de candidat.e.s à présenter dans les communes tombant sous le système de vote à majorité proportionnelle. De plus, les partis politiques sont incités à se doter d'une stratégie pour améliorer la visibilité des candidates. Finalement, le PAN encourage à la mixité au niveau des candidatures dans les communes tombant sous le système de vote à majorité relative.

Le MEGA a eu un échange de vue avec tous les partis politiques qui vont se présenter aux élections communales pour lancer un certain nombre d'initiatives pour les prochaines élections communales, à savoir

- une campagne sur les réseaux sociaux ;
- des portes ouvertes organisées par les communes intéressées ;
- des formations spéciales tant pour les recruteuses et recruteurs dans les sections locales des partis politiques ayant des listes électorales, que pour les candidates qui se sont présentées aux élections communales.

#### Campagne sur les réseaux sociaux

Le MEGA met sur pied une campagne sur les réseaux sociaux (Facebook et Instagram) au sujet de la représentation des femmes dans la politique communale. Cette campagne débute avec la réalisation de clips courts et de « visual statements », en priorité avec des mandataires féminines actuelles, donnant l'occasion aux élues de raconter leurs expériences individuelles vécues dans l'exercice de leur mandat de bourgmestre, d'échevine ou de conseillère communale.

La publication des témoignages ainsi recensés pourra servir à motiver davantage de nouvelles candidates potentielles à se présenter aux prochaines élections communales. Les mandataires servent d'inspiration aux futures candidates. De plus, les témoignages visent à abolir des craintes que pourraient avoir certaines candidates potentielles notamment au niveau de la conciliation entre vie privée et vie professionnelle. Au 8 août 2022, 57 mandataires en politique communale ont déclaré leur volonté de témoigner.

#### Portes ouvertes

Afin d'informer les citoyen-ne-s sur le fonctionnement des communes et de motiver surtout plus de femmes à s'engager en politique communale, les communes ont été invitées par circulaire ministérielle du 15 juillet 2022 à organiser des portes ouvertes au cours de la semaine du 10 octobre 2022.

L'organisation de ces manifestations se fera par les communes, sur base d'un concept flexible proposé par le MEGA, en collaboration avec le Syvicol.

Par cette porte ouverte, les visiteurs gagneront à la fois une meilleure compréhension sur le déroulement des affaires tombant dans le champ de compétences des communes ainsi que sur la procédure de décision au sein des différents organes de la commune.

Cet événement représente une bonne opportunité de motiver des femmes de s'engager dans un mandat politique communal. Le rôle du MEGA consiste à

- guider les communes dans l'organisation de leur porte ouverte ;
- mettre à disposition du matériel d'information ;
- participer à la charge de certaines dépenses organisationnelles par le biais d'un subside.

#### Formations

Le MEGA a mis sur pied deux programmes de formation destinés

– aux responsables des partis politiques pour le recrutement des candidat.e-s dans les sections locales : Le programme de plusieurs formations et « workshops » a été élaboré par une consultante externe spécialisée et vise à outiller les responsables dans les sections locales des partis politiques dans leurs efforts de recruter des candidates pour s'engager dans la politique communale, et surtout pour s'inscrire sur les listes de candidat.e-s. Ce programme de formations a été lancé fin mai 2022.

– aux candidat.e-s qui se présentent aux élections communales. Ce programme de formation concerne des aspects plus généraux et pratiques relatifs à l'exercice d'un mandat local, tels que par exemple la prise de parole en public ou encore les droits et obligations des élu.e-s. Il s'agit d'une offre permettant à chaque candidat.e, qui souhaite se préparer davantage aux défis d'un mandat éventuel d'améliorer et de développer son aisance sur la sphère publique, dont les allocutions publiques. Le lancement de ces formations est prévu à partir de fin 2022.

### Occupation de la forêt de Bobësch | Question 6541 (25/07/2022) de Mme Martine Hansen | M. Michel Wolter (CSV)

Zanter méi wéi enger Woch fënnt am Käerjenger „Bobësch“ ënnert dem Slogan „BobiBleiff“ eng sougenannt Bëschbesetzung statt, déi souguer vun den anonymen Manifestante selwer, sou ze héieren an engem RTL-Reportage vum 23. Juli 2022, als illegal bezeechent gëtt.

Obwuel d'Aktioun an engem Naturschutzgebeit stattfënnt, besteet fir d'Naturverwaltung „bis elo nach keen Handlungsbedarf“, sou de Frank Wolff, Directeur adjoint vun der Naturverwaltung, zu der Besetzung am Bobësch zu Käerjeng laut engem weideren RTL-Reportage vum 22. Juli. D'Naturverwaltung géif d'Saach just „am Aen halen“. Soss hätt ee keng Verstéiss géint d'Naturschutzgesetz festgestallt. Méi nach: D'Naturverwaltung hätt am Fong vill Sympathie fir dat, „wat d'Aktivist verdéedegen“, sou de Frank Wolff laut RTL weider.

Dofir wëllt mir an deem Kontext folgend Froen un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung stellen:

1. Wéi gesäit d'Madamm Ministesch déi genannten Interpretatioun vum Naturschutzgesetz vun hirer ee-gener Verwaltung?
2. Hunn d'Aktivisten eng Autorisatioun beim Ëmwelt-ministère gefrot, fir ze campéieren? Wa jo, wéi war d'Äntwert vum Ministère?

3. Wann nee, op wéi enger legaler Basis berout dem Ministère seng Schlussfolgerung, datt et duergeet, fir „d'Saach am A ze behalen“?

4. Opgrond vu wéi enger legaler Basis därefen d'Aktivistinnen an engem Bësch, jo souguer an engem Naturschutzgebiet campéieren, eng Komposttoilette an och Holzplattformen an de Beem opriichten?

5. Däerf an Zukunft jidderee wëll am Bësch an och an engem Naturschutzgebiet campéieren an eng sougenannte Komposttoilette oder och Holzplattformen mat Seeler an de Beem installéieren? Wann nee, firwat net?

**Réponse** (19/08/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

D'Bëschbesetzung am Bobësch gëtt als Protestaktioun gesinn, als Manifestatioun zur Meenungsäusserung an domadder als Ausdruck vun der „liberté de manifester ses opinions“, wéi se am Artikel 24 vun der Constitution verankert ass.

D'Aktivistinnen hunn am Virfeld keng Autorisatioun beim Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable ugefrot. Et ass och net ersichtlech, ëm wéi en Typ vun Autorisatioun et sech dobäi hätt kënnen handelen. D'Protestaktioun am Bësch ass weeder eng „manifestation sportive“, nach sinn „instruments sonores“ benotzt ginn, nach ass déi Aktion als „activité de loisir susceptible d'avoir une incidence sur l'environnement naturel“ ze gesinn.

Déi virsichteg Virgoensweis vun den Agente vun der Natur- a Bëschverwaltung war an deem Fall ugepasst a verhältnisméisseg.

Bei der Protestaktioun ass kee Schued um Ökosystem Bësch entstanen.

**Restitution du congé parental** | Question 6542 (25/07/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Eltere vun engem Kand ze sinn, bedeit fir vill Familljen an Elengerzéiender ee Jongléieren tëscht Beruff a Famill. Mat der Reform vum Congé parental gouf am Joer 2016 ee Schrëtt gemaach, fir d'Elteren an hirem Alldag ze entlaaschten. D'Iddi vum Congé parental ass et jo, dass en Elterendeel méi Zäit an d'Erzéiung vu senge Kanner investéieren a gläichzäiteg op ee reegelméisseg Akommes ziele kann. D'Héicht vum Kannergeld ass dobäi awer plafonéiert, an dat aktuell op ee Montant vu ronn 3.900 €, wann een de Congé parental Vollzäit hält bei enger 40-Stonne-Woch.

D'Gesetz vun 2016 gesäit am Artikel 307 Paragraf (9) vir, dass een Elterendeel, dee säi Congé parental fräiwëlleg ënnerbrécht, all déi ausbezuelten Hëlfele, déi e schonns erhalen huet, un d'Zukunftskeess muss zeréckbezuelen.

Mir si Fäll bekannt, wou Persounen wéinst der aktueller Präsideierrecht, den Zënserhéijungen op den Immobiliëprästen a wéinst der Plafonnéierung vun den Indemnitéite finanziell net méi iwwert d'Ronne kommen an dowéinst erëm komplett wëlle schaffen. D'Dispositioun, dass d'Leit dann awer allegueren d'Hëlfele mussen zeréckbezuelen, erschénkt an deem Kontext eng iwwerdriwwe Strof ze sinn, ugesichts dovun, dass d'Eltere bis zum Moment vun der Ënnerbriechung vum Congé parental jo awer fir hir Kanner do waren.

Am Commentaire des articles vum Gesetzesprojet 6935, mat deem d'Gesetz geschafte gouf, ass zu dëser Dispositioun iwwregens kee spezielle Grund genannt ginn, firwat de Legislateur dës Iddi als oportun empfindt. Se bréngt d'Leit awer, ënnert den

aktuellen Ëmstänn, fir eng gewëssen Zäit an eng prekär Situatioun.

An deem Zesummenhang wëllt ech der Ministesch fir Famill an Integratioun dës Fro stellen:

1. Ass d'Ministesch der Meenung, dass d'Stof vun der Restitutioun vun de schonns erhalene Zommen déi richteg Approche ass?

2. Hält d'Ministesch weider un der Dispositioun fest, dass Persounen, déi hire Congé parental ofbriechen, déi erhalen Zommen integral mussen un d'Zukunftskeess zeréckbezuelen?

Falls jo, firwat?

Falls nee, wéi eng Ännerunge sinn hei virgesinn?

3. Wäert d'Zukunftskeess an Zukunft d'Leit besser doriwwer informéieren, a wéi enge Fäll si mussen déi erhale Suen erëm zeréckginn?

**Réponse** (22/08/2022) de **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

Den honorabelen Deputéierte referéiert sech a senger Fro op den Artikel 307, Paragraph 9 vum Code de la sécurité sociale, dee folgend Dispositiounen am Fall vun enger Interruptioun vum Congé parental virgesäit:

« (9) Les mensualités déjà versées donnent lieu à restitution intégrale en cas de violation des dispositions des articles L. 234-43, paragraphe 1<sup>er</sup> du Code du travail, 29 bis, paragraphe 1<sup>er</sup> de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État et 30 bis, paragraphe 1<sup>er</sup> de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux et en raison

a) de la résiliation volontaire du contrat de travail par le parent, lorsque la résiliation prend effet avant l'expiration du congé parental, ou

b) de l'interruption du congé non motivée par une cause extérieure au parent bénéficiaire et entièrement indépendante de sa volonté. »

Et stëmmt, datt den Text am Fall vun enger Interruptioun vum Congé parental effektiv virgesäit, datt een déi Mensualitéiten, déi ee bis zu der Interruptioun kritt huet, muss zeréckbezuelen, zumindest wann d'Konditiounen vun de Punkten a) oder b) vum uewe genannte Paragraph net erfüllt sinn, dat heescht, d'Gesetz hält de Prinzip vum Remboursement vun den Indemnitéiten am Fall vun enger Interruptioun vum Congé parental fest, mee léisst awer och Ausnamen zou, wou d'Indemnitéiten net mussen zeréckbezuelen ginn.

D'Regierung hält awer weiderhin um allgemenge Prinzip, deem eng Interruptioun vum Congé parental verbitt, fest a si huet hir Positioun dozou och schonns an der Vergaangenheet erkläert (notamment an hirer Prise de position zu der Proposition de loi N° 7789 vum honorabelen Deputéierte Marc Spautz). D'Regierung ass der Meenung, datt d'Méiglechkeeten, fir de Congé parental ze ënnerbriechen, mussen limitéiert bleiwen, well soss e Risiko besteet, datt de Patron Drock op de Salarié mécht fir, datt hie säi Congé ënnerbrécht. Anerersäits geet et och dorëms, fir de Salarié an d'Flicht ze huelen, well de Congé parental jo och mat Contrainté fir de Patron verbonnen ass, dee seng Entreprise muss organiséieren, fir der temporärer Absence vum Salarié Rechnung ze droen. Eng gewësse Planungssécherheet ass also fir déi zwou Parteie wichteg.

Wat déi soi-disant Strof ugeet, vun där den honorabelen Deputéierte schwätzt an déi am Remboursement vun den Indemnitéiten, déi scho bezuelen gi sinn, géif bestoen, géif ech éischter vun

enger Sanktioun vum Text an hirem juristesche Sënn schwätzen, well et jo och dorëms geet, datt déi Reeglung net Lettre morte bleift, mee och effektiv agehale gëtt.

Vu datt den honorabelen Deputéierten elo keng Detailler gëtt, wat déi Fäll ugeet, déi him bekannt sinn, wou esou e Remboursement huet misse gemaach ginn, kann ech och net nopréiwe loosse, ob déi Fäll an de Kader vun den Ausnamen, déi d'Gesetz virgesäit, fale kéinten.

**Prêts à l'économie garantis par l'État dans le cadre de la pandémie** | Question 6548 (25/07/2022) de **M. Gilles Roth** (CSV)

Via la loi du 18 avril 2020, l'État a mis en place un régime de garantie sur les prêts accordés par les établissements de crédit [...] en faveur des entreprises qui se trouvent en difficulté financière temporaire suite à la pandémie du Covid-19. Ce régime a été prolongé par deux lois jusqu'au 31 décembre 2021.

Il me revient toutefois que malgré cette garantie étatique en faveur des entreprises, un voire plusieurs des établissements de crédit, dont la BCEE, ont pris l'initiative de procéder en premier lieu à des cessions sur salaires auprès des entreprises concernées avant d'éventuellement se retourner vers l'État.

C'est ainsi que j'aimerais poser les questions suivantes à Madame le Ministre des Finances :

1) Madame le Ministre peut-elle confirmer ces informations ?

Rappelons ici que la loi précitée dispose en son article 3, paragraphe 7 que « Le montant indemnisable, auquel s'applique la quotité garantie pour déterminer les sommes dues par l'État au titre de sa garantie, correspond à la perte constatée, le cas échéant, postérieurement à l'exercice par l'établissement de crédit de toutes les voies de droit amiables et éventuellement judiciaires, dans la mesure où elles auront pu normalement s'exercer, et à défaut, l'assignation auprès de la juridiction compétente en vue de l'ouverture d'une procédure collective, faisant suite à un événement de crédit. » :

2) Existe-t-il une obligation à charge des établissements de crédit de recouvrer les sommes prêtées tout d'abord auprès du débiteur principal avant de pouvoir actionner la garantie de l'État ?

3) À défaut, Madame le Ministre considère-t-elle que la manière de procéder des établissements de crédit en question est conforme à l'esprit de la loi modifiée du 18 avril 2020 ? Une entreprise, même défaillante, ne devrait-elle pas pouvoir compter sur la garantie de l'État ?

Notons enfin que le budget maximal prévu par la loi du 18 avril 2020 pour garantir la défaillance des entreprises emprunteuses s'élevait à 2,5 milliards d'euros. Ce budget n'a pas été revu à la hausse dans le cadre des deux prolongations susmentionnées.

4) Pour quel montant global, la garantie de l'État a-t-elle été appelée par les établissements de crédit ?

5) Madame le Ministre peut-elle préciser pour quels types d'entreprises (secteur, taille, etc.) la garantie de l'État a joué ?

**Réponse** (25/08/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Conformément à l'article 3, paragraphe 7, de la loi modifiée du 18 avril 2020 visant à mettre en place un régime de garantie en faveur de l'économie



luxembourgeoise dans le cadre de la pandémie Covid-19 (ci-après, la « loi du 18 avril 2020 »), en cas d'événement de crédit au titre de la convention de prêt, la banque est tenue d'exercer toutes les voies de droit amiables et éventuellement judiciaires, dans la mesure où elles auront pu normalement s'exercer, et, à défaut de pouvoir recouvrer le montant exigible, de procéder à l'assignation auprès de la juridiction compétente pour l'ouverture d'une procédure collective.

Le paragraphe 8 de l'article 3 précité précise en outre que dans le cadre d'une procédure collective, le montant indemnisable auquel s'applique la garantie de l'État est calculé à la clôture de ladite procédure en déduisant les sommes recouvrées par l'établissement de crédit.

En effet, tel que précisé dans le document public « Questions relatives à la loi du 18 avril 2020 » accessible dans la rubrique « Prêts bancaires Covid-19 » du site Internet de la Trésorerie de l'État <https://te.public.lu>, ni la loi, ni la convention de garantie signée entre l'État et les banques participant au régime de prêts garantis n'interdisent aux banques de prendre des garanties ou sûretés additionnelles en relation avec le prêt garanti (y compris sur la quotité du prêt faisant l'objet de la garantie). Les banques sont donc libres de demander de telles garanties ou sûretés additionnelles, suivant leur examen de la demande de crédit soumise par l'entreprise demandant le prêt.

Il s'ensuit que la garantie de l'État ne peut être appelée par une banque pour autant que celle-ci démontre que les fonds avancés à l'entreprise n'ont pas été remboursés et que toutes les mesures de recouvrement telles que visées ci-dessus ont été prises, y inclus, le cas échéant, l'exercice par la banque des autres garanties qu'elle détient en vertu de la convention de prêt.

Cette approche est parfaitement compatible avec l'esprit de la loi, dont l'objectif était de faciliter l'octroi de prêts pour ainsi maintenir ouvert le canal du crédit aux entreprises de telle sorte à ce que ces dernières soient dans des conditions telles qu'elles puissent rebondir de leur force une fois passé le choc de la pandémie. La garantie de l'État n'ayant à aucun moment été mise en avant comme une mesure tutélaire, la prise et l'exécution de garanties supplémentaires par un établissement de crédit ne constituent donc pas une contradiction avec l'objectif recherché.

La Trésorerie de l'État a accepté 415 prêts garantis pour un montant nominal de 193,5 millions d'euros. Le montant garanti par l'État luxembourgeois équivaut ainsi à quelque 164,47 millions d'euros (85 % du montant nominal des prêts). La fourchette de prêts accordés varie entre 9.600 euros et 9 millions d'euros, pour un montant moyen de 466.254 euros. Plus d'un tiers des prêts accordés (162) a été contracté pour un montant inférieur à 100.000 euros. 45 prêts garantis ont un montant nominal supérieur ou égal à 1 million d'euros.

En termes de nombres de prêts par secteur selon la codification NACE, c'est celui du commerce qui a bénéficié le plus de prêts garantis (26,75 %), suivi du secteur de l'hébergement et de la restauration (19,04 %) ainsi que de la construction (18,07 %). Parmi les 415 prêts, 395 ont été accordés à des PME et 20 à de grandes entreprises. En termes de montants, les prêts accordés à des entreprises des secteurs du commerce, de l'hébergement et restauration, de l'industrie manufacturière ainsi que de la construction représentent environ 78,68 % des montants totaux accordés.

À ce jour, la garantie de l'État n'a pas encore été appelée par les établissements de crédit.

### Formations « Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg » | Question 6550 (26/07/2022) de Mme Djuna Bernard (déi gréng)

La présentation d'un certificat « Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg » fait, dans la majorité des cas, partie des conditions que les personnes voulant acquérir la nationalité luxembourgeoise doivent remplir. Il s'agit d'un certificat émis par le Service de la formation des adultes aux personnes qui ont suivi 24 heures de cours ou qui ont participé à un examen. Les cours comprennent trois modules d'une durée totale de 24 leçons, se penchant sur les droits fondamentaux des citoyen.ne.s, les institutions étatiques et communales du Luxembourg, ainsi que l'histoire du Luxembourg et l'intégration européenne.

Selon nos informations, il existerait un retard de plusieurs mois dans le versement des salaires des formatrices et formateurs engagé.e.s par l'État pour dispenser les cours du certificat précité, ce qui risque de mettre le personnel dans une situation financière difficile.

Dans ce contexte, je me permets de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

1) Combien de personnes ont reçu le certificat « Vivre ensemble » suite à leur participation au cours, voire à l'examen depuis l'entrée en vigueur de la loi du 8 mars 2017 sur la nationalité ? Combien de personnes dispensent actuellement les formations précitées ? Le nombre de formatrices et formateurs est-il suffisant pour garantir le bon fonctionnement de la certification « Vivre ensemble » ?

2) Monsieur le Ministre peut-il confirmer qu'il existe des retards dans le paiement des formateurs et formatrices enseignant les cours « Vivre ensemble » ? Dans l'affirmative, quelle est la durée du retard, et quelles en sont les raisons ?

3) Encore dans l'affirmative, quand Monsieur le Ministre estime-t-il pouvoir reprendre le versement des salaires et comment compte-t-il éviter ces problèmes à l'avenir ?

4) Est-ce que des formateurs et formatrices d'autres cours sont également concerné.e.s par des retards de versement des salaires ?

**Réponse (01/09/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

ad 1) Depuis mars 2017 jusqu'en août 2022, 12.454 participants ont reçu un certificat du cours « Vivre ensemble ». Actuellement les cours sont assurés par 22 formateurs et ce nombre s'avère suffisant pour couvrir la demande.

ad 2) Le budget initial à hauteur de 575.000 € a été accordé pour le paiement des indemnités dues aux experts externes pour la tenue des cours « Vivre ensemble », des cours d'intégration linguistique et des cours d'instruction civique dans le cadre du contrat d'accueil et d'intégration (CAI). Ce montant a été calculé sur base de la situation des dépenses arrêtées en mai 2021.

Or, l'afflux extrême de réfugiés depuis le début de l'année 2022 a engendré la nécessité absolue de multiplier les offres de formation organisées par le Service de la formation des adultes (SFA), et, de ce fait, de recruter des formateurs supplémentaires pour suffire aux demandes et surtout aux besoins des nouveaux arrivants adultes dans notre pays. Au vu de cette situation, le SFA a sollicité, en avril 2022, une augmentation des crédits accordés de la ligne budgétaire concernée. En

juillet 2022, le SFA s'est vu attribué le dépassement demandé et a procédé de suite aux paiements des indemnités dues pour le deuxième semestre 2022.

ad 3) Sauf imprévus, le paiement des indemnités sera garanti par le SFA jusqu'à la fin de l'année budgétaire 2022. Je compte éviter cette situation en invitant les formateurs à introduire leurs déclarations d'indemnités mensuellement au lieu de le faire trimestriellement, voire uniquement deux fois par an.

ad 4) Sauf imprévus, les formateurs des cours « réguliers » ne sont pas concernés par des retards de paiement, vu que leurs indemnités dues ont été budgétisées à l'avance.

### Évaluation des projets pilotes visant une plus grande autonomisation des demandeurs de protection internationale | Question 6552 (26/07/2022) de Mme Stéphanie Empain | Mme Djuna Bernard (déi gréng)

Par la présente et conformément à notre règlement interne, nous nous permettons de poser une question parlementaire à Monsieur le Ministre de l'Immigration et de l'Asile au sujet de l'évaluation des projets pilotes visant une plus grande autonomisation des demandeurs de protection internationale.

Le programme gouvernemental 2018-2023 prévoit que les projets pilotes destinés à une plus grande autonomisation et responsabilisation des demandeurs de protection internationale (dpi) seront évalués et, le cas échéant, élargis. Par ailleurs, le programme inclut également l'élaboration d'un dispositif d'autonomisation progressive des demandeurs de protection internationale, dès leur arrivée.

Dans sa réponse à la question parlementaire n° 5730 datant de mars 2022, Monsieur le Ministre rappelle qu'en 2018, un projet pilote ayant le but de donner aux dpi des cartes prépayées rechargeables a été lancé. Aujourd'hui, les résident.e.s de huit structures d'hébergement bénéficient de telles cartes, qui peuvent être utilisées dans les magasins d'une chaîne de supermarché nationale. Dans sa réponse, Monsieur le Ministre affirme que le système est accueilli très favorablement par les dpi, et l'élargissement du projet à d'autres structures est envisagé.

Par ailleurs, Monsieur le Ministre décrit un deuxième projet pilote, « Cash for Food » lancé en 2020. L'objectif de ce projet est d'autonomiser les participant.e.s et d'augmenter leur pouvoir d'achat et la liberté dans leur choix de produits et fournisseurs. Dans le cadre de ce projet, les bénéficiaires du projet reçoivent leurs aides alimentaires en espèces.

Dans ce contexte, nous nous permettons de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Immigration et de l'Asile :

1) Comment se déroule concrètement l'évaluation du projet pilote donnant aux dpi des cartes prépayées rechargeables ? Quelles conditions devront être remplies pour pouvoir étendre le système à d'autres structures, voire généraliser le système, et quelles sont les prochaines étapes prévues à cet égard (horizon temporel, nombre de bénéficiaires, nombre de structures, chaînes de supermarchés, etc.) ?

2) De même, comment se déroule l'évaluation du deuxième projet pilote « Cash for Food » ? Monsieur le Ministre peut-il partager un premier bilan de la mise en œuvre du projet ? Monsieur le Ministre estime-t-il pouvoir généraliser le système ?

3) En quoi consiste le dispositif d'autonomisation progressive des dpi actuellement ? Comment Monsieur le

Ministre compte-t-il élargir ce programme dans les mois à venir ?

**Réponse** (24/08/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1) La mise à disposition de cartes prépayées rechargeables a été un premier pas important vers une plus grande autonomie et intégration des demandeurs de protection internationale (DPI). Eu égard à ces effets positifs, l'étape suivante de l'extension du projet a été le projet « Cash for Food » (CFF). Le projet pilote cartes prépayées sera à terme remplacé par le projet CFF.

ad 2) Le projet « Cash for Food » (CFF) s'inscrit dans le cadre de la mise à disposition de dispositifs d'autonomisation tels que préconisés par le Gouvernement dans l'accord de coalition de 2018. Il vise à augmenter l'autonomie financière des DPI.

Le projet vise d'augmenter le pouvoir d'achat, de donner plus de liberté dans le choix des produits et fournisseurs et ainsi d'aider les DPI à se préparer à une vie en société autonome et indépendante en leur mettant à disposition les allocations pour denrées alimentaires et hygiène en espèces.

Après une phase de planification et de préparation, la phase 1 du projet pilote a démarré le 1<sup>er</sup> novembre 2020 avec les résidents de trois structures d'hébergement. En avril 2021, une première analyse détaillée des objectifs atteints a été réalisée. L'enquête menée auprès des résidents participant au projet a donné des résultats très encourageants. Les motifs de satisfaction les plus fréquemment mentionnés sont la flexibilité et l'indépendance accrues, la possibilité d'acheter les produits de leur choix dans les magasins de leur choix et de faire des économies.

La première phase du projet pilote s'est révélée être un vrai succès par rapport aux attentes et objectifs initiaux de sorte que le 1<sup>er</sup> janvier 2022, le projet CFF est entré dans sa deuxième phase avec l'ajout de douze autres structures qui ont rejoint le projet pilote. Depuis lors, le CFF est en place pour un total de 274 personnes résidentes dans 15 structures d'hébergement de l'État.

En mai et juin 2022, une deuxième évaluation a été lancée pour continuer d'examiner le déroulement du projet et la satisfaction des DPI et des parties prenantes, afin d'identifier d'éventuels domaines d'amélioration ou des adaptations. Cette deuxième analyse était basée sur une population beaucoup plus importante de participants, mais les résultats étaient très similaires à ceux de la première étude, confirmant une fois de plus les très bons résultats obtenus.

21 mois après le lancement du projet pilote « Cash for Food », il a été constaté que les résultats sont très encourageants par rapport aux objectifs et que les attentes élevées ont été plus que remplies. Une troisième phase est actuellement à l'étude.

ad 3) De par la loi du 4 décembre 2019, l'ONA est responsable pour l'encadrement et l'hébergement des demandeurs de protection internationale (DPI). Au-delà de ses missions d'accueil, l'ONA s'efforce de créer des outils et dispositifs d'autonomisation afin de préparer les DPI à une vie indépendante au sein de la société luxembourgeoise.

Les projets pilotes « cartes prépayées rechargeables » et « Cash for Food » font partie du dispositif d'autonomisation. En raison des résultats très satisfaisants obtenus, tant en termes d'autonomisation et d'intégration des DPI qu'en termes d'augmentation de leur pouvoir d'achat et de leur satisfaction, ainsi qu'en termes de simplification administrative et d'économie de travail administratif, une analyse détaillée est actuellement en cours pour déterminer si une troisième phase d'extension du projet pilote CFF est possible début 2023.

.....

**Structures d'accueil pour demandeurs et bénéficiaires de protection internationale et temporaire** | Question 6554 (26/07/2022) de **Mme Stéphanie Empain** | **Mme Djuna Bernard** (déli gréng)

Selon les récentes affirmations de Monsieur le Ministre lors d'une conférence de presse, les structures d'accueil pour demandeurs et bénéficiaires de protection internationale et temporaire sont actuellement occupées à 96 %. Accentué par l'arrivée de personnes fuyant la guerre en Ukraine, le manque de logements pour ces populations est un problème chronique. Dans son programme gouvernemental 2018-2023, le Gouvernement s'engage à augmenter les capacités ainsi que la qualité du réseau d'hébergement. Le programme prévoit par ailleurs la poursuite d'équiper toutes les structures d'accueil de cuisines.

Dans le contexte de la guerre en Ukraine, le Gouvernement a pris plusieurs mesures afin d'accroître la capacité d'accueil. En date du 1<sup>er</sup> mars 2022, un appel a été lancé aux communes pour la mise à disposition d'immeubles et/ou de terrains pour la mise en place de structures d'hébergement durables. Le Gouvernement a également effectué une analyse des hébergements disponibles à court terme, tels que des hôtels ou auberges de jeunesse. Depuis lors, bon nombre de nouvelles structures ont ouvert leurs portes ou sont en planification, dont notamment le « bâtiment T » et le centre Tony Rollman, structures avec une capacité maximale de 1.200 et de 500 lits respectivement.

Dans son rapport sur les conditions d'accueil des demandeurs et bénéficiaires de protection internationale au Luxembourg datant de 2018, la Commission consultative des Droits de l'homme a émis plusieurs recommandations concernant l'hébergement des personnes réfugiées, notamment en ce qui concerne la garantie d'un niveau adéquat d'intimité et de vie familiale ou encore la garantie d'une nourriture suffisante, par exemple par le biais de la poursuite des efforts pour installer des cuisines collectives dans les centres d'hébergement.

Dans ce contexte, nous nous permettons de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Immigration et de l'Asile :

1) Comment la capacité d'hébergement et la taille des structures ont-elles évolué depuis 2018 ? Monsieur le Ministre peut-il fournir une ventilation des chiffres selon la capacité d'hébergement des structures (1-30 lits, 31-100 lits, 101-300 lits, 300+ lits) ? Comment la capacité évoluera-t-elle dans les prochains mois voire années ?

2) Quels sont les résultats de l'appel lancé aux communes pour la mise à disposition d'immeubles et/ou de terrains pour y mettre en place des structures d'hébergement durables ?

3) Combien de structures ayant été mises à disposition à court terme devront fermer leurs portes dans les mois à venir ? Est-ce que d'autres structures pouvant accueillir des personnes à court terme ont été identifiées ? Comment évoluera la capacité d'hébergement dans des structures à court terme par conséquent ?

4) Est-ce que les structures récemment mises en place ou planifiées pour accueillir les personnes fuyant la guerre en Ukraine disposent de cuisines pour les résident.e.s ? Dans la négative, quelles en sont les raisons ?

5) Monsieur le Ministre estime-t-il que les structures de grande taille telles que le « bâtiment T » offrent un niveau de logement convenable aux résident.e.s, notamment en ce qui concerne les précitées garanties

d'un niveau adéquat d'intimité et d'une nourriture suffisante ?

6) Dans ce contexte, comment les structures de grande envergure sont-elles aménagées pour fournir des lieux de retraite et de calme aux résident.e.s ?

**Réponse** (24/08/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1) Le tableau ci-dessous indique l'évolution de la capacité maximale des structures d'hébergement pour demandeurs de protection internationale (DPI) avec une ventilation selon la capacité d'hébergement des structures (1-30 lits, 31-100 lits, 101-300 lits, 300+ lits) couvrant la période de décembre 2018 jusqu'à juillet 2022.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

L'Office national de l'accueil (ONA) continuera ses efforts en vue de promouvoir la construction et l'aménagement de nouvelles structures d'hébergement, ceci en étroite collaboration avec les communes et d'autres services gouvernementaux, dont notamment l'Administration des bâtiments publics, qui soutiennent l'ONA dans la recherche de nouvelles structures de logement. La capacité maximale en nombre de lits va ainsi encore évoluer dans les prochains mois, mais il n'est pour l'instant pas possible de donner une estimation fiable notamment à cause des problèmes liés à l'approvisionnement sur le marché des matériaux de construction.

ad 2) L'ONA est en train d'analyser les offres reçues et travaille en étroite collaboration avec les communes et d'autres services gouvernementaux afin de trouver des solutions adéquates permettant la mise en place de structures d'hébergement durables.

ad 3) À l'heure actuelle, quatre fermetures de structures d'hébergement pour personnes ayant fui la guerre en Ukraine sont prévues pour le mois de septembre, à savoir :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

En septembre 2022, les travaux d'aménagement des blocs A et B du bâtiment T à Luxembourg-Kirchberg (structure d'hébergement de protection temporaire), offrant une capacité maximale de 690 lits, seront terminés. Il est prévu que le bloc C soit terminé en octobre 2022 ; les travaux de l'ensemble du bâtiment seront ainsi achevés. Sauf imprévu, le bâtiment T aura au total une capacité maximale de 1.158 lits en octobre 2022.

ad 4) Pour des raisons logistiques et de sécurité, les structures d'hébergement pour personnes ayant fui la guerre en Ukraine ne disposent pas de possibilités de cuisiner individuellement. La nourriture est fournie soit par le propriétaire de la structure, soit par un fournisseur extérieur. Les menus sont élaborés par un nutritionniste en étroite collaboration avec les prestataires. Ainsi, la valeur nutritionnelle est soigneusement adaptée aux besoins des personnes hébergées. En cas d'intolérances ou d'allergies, les aliments proposés peuvent également être ajustés individuellement.

ad 5) Avec le bâtiment T, l'ONA a, à court terme, mis en place une structure d'hébergement de protection temporaire qui permet d'assurer un niveau de vie adéquat aux bénéficiaires de protection temporaire.

Une structure d'hébergement est un lieu d'habitation communautaire. Dans la mesure du possible, les personnes d'une même famille dorment dans une chambre familiale séparée, alors que des personnes qui arrivent seules au Luxembourg doivent partager une chambre avec d'autres personnes. Au bâtiment T, les chambres standard sont aménagées pour accueillir un maximum



de 3 personnes et les chambres familiales peuvent accueillir un maximum de 6 personnes. Dans une chambre partagée, chaque personne dispose d'un minimum de 6 m<sup>2</sup>. Les installations sanitaires, la buanderie et le réfectoire sont partagés entre les occupants d'une structure. Dans les sanitaires, l'intimité est garantie.

Pour ce qui concerne la nourriture, les repas sont préparés selon les dernières connaissances scientifiques en matière de nutrition et livrés trois fois par jour par un prestataire de premier plan. Outre les menus normaux, équilibrés et variés, des menus ajustés sont également proposés afin de pouvoir répondre à toutes les intolérances et besoins particuliers. De plus, pendant toute la journée de l'eau, des fruits, du café, du thé et des soupes sont mis à libre disposition.

ad 6) Dans des structures de grande envergure, comme par exemple le bâtiment T, mises en place par l'ONA pour héberger des BPT, plusieurs salles ont été aménagées afin de pouvoir mettre à disposition des habitants des lieux de retraite et de calme. Outre les chambres à coucher, d'autres salles ont été aménagées permettant de séjourner seul ou à plusieurs : une salle de visite, une salle de séjour, une salle de jeux pour enfants, une salle pour faire ses devoirs et/ou pour étudier ainsi qu'une cour extérieure/de récréation intégrée dans la structure du bâtiment.

Ces espaces ont été créés en étroite collaboration avec les encadrants sur place (Caritas et Croix-Rouge), ceci à la demande et selon les besoins des personnes hébergées.

.....  
**Chantiers routiers au Mullerthal** | Question **6557** (26/07/2022) de **M. André Bauler** | **Mme Carole Hartmann** (DP)

Zanter Méint gëtt et am Möllerdall zwee Chantieren, déi net schénge virunzegoen: um CR356 tëscht Waldbëlleg an der Heringermillen, an um CR121 tëscht dem Schéissendämpel an der Heringermillen.

Déi zwou Plaze sinn alle béid mat roude Luuchte gereegelt. Dës zwou rout Luuchte sinn net nëmmen eng Belaaschtung fir d'Awunner vun der Regioun, mee och fir den Tourismus, well ronderëm eng vun de wichtigsten Attraktiounen vu Lëtzebuerg elo scho säit Längerem Chantiere sinn, déi net schénge virunzekommen.

Des Weidere soll d'Kräizung tëscht dem CR121 an dem CR118 (Präiteler Bréck) deemnächst ëmgebaut ginn.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Wat sinn d'Ursaache fir d'Dauer vun de Chantieren um CR356 an um CR121? Wéini sollen hei déi konkret Aarbechte ufänken a wéi laang soll d'Dauer dovunner sinn?

2. Wou ass de Projet „Präiteler Bréck“ drun? Ass d'Soumissioun amgaangen oder schonn ofgeschloss? Wéini sollen hei d'Aarbechten ufänken a wéi laang sollen se daueren?

**Réponse** (01/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. D'Ausschreiwung fir d'Aarbechten um CR356 tëscht Waldbëlleg an der Heringermillen ass ganz rezent opgemaach ginn. D'Aarbechte benéidegen eng 220 Aarbechtsdeeg a wäerte viraussiichtlech am Januar d'nächst Joer ufänken kënnen. D'Streck wäert dee Moment och musse fir de Verkëier gespaart ginn.

Betreffend d'Aarbechten um CR121 tëscht dem Schéissendämpel an der Heringermille lafen d'Etüden. An deem Kader sinn och geotechnesch

Buerungen an déi dorausser folgend Erkenntnesser néideg, fir de Projet weider kënnen auszuschaffen. Éier awer déi Buerungen am Grondwaasser kënnen gemaach ginn, huet missen déi néideg Autorisatioun virleien.

Déi entspriechend Demande gouf am November 2021 vu menge Servicer bei der zoustänneger Administratioun deposéiert. Am Juni 2022 gouf dunn déi benéidegt Autorisatioun ausgestallt.

Déi Etüd kann also elo ufänken a fir Enn 2022 läit viraussiichtlech en definitive Projet vir. Esoubal den Ausschreiwungsdossier ausgeschafft ass, kënnen d'Aarbechten dann och ëffentlech ausgeschriwwen ginn.

Dëst natierlech ënnert der Konditioun, datt zu deem Moment all déi néideg Autorisatiounen fir dës Aarbechte virleien.

Et ass virgesinn, datt d'Aarbechten ufanks 2024 lancéiert kënnen ginn an dann tëscht sechs an néng Méint dauere wäerten.

Generell ass ze betounen, datt d'Aarbechten an enger Natura-2000-Zon stattfannen, wat bedeit, datt all d'Aarbechte strenge Critèrë betreffend den Agrëffer an d'Natur ënnerleien. Doriwwer eraus ass och ze ënnersträichen, datt, wann op enger Plaz wéi dëser d'Strooss rutscht, eng komplex Rei u geotechneschen Etüden noutwendeg sinn, fir hei d'Strooss nohaltig ze flécken, an datt se net bei weideren Onwiederer op der nammlecher Plaz direkt erëm Schied opweist.

ad 2. D'Ausschreiwung fir de Projet vun der „Präiteler Bréck“ an de Reamenagement vun der Kräizung tëscht dem CR118 an dem CR121 ass deslescht ofgeschloss ginn an d'Aarbechte wäerten elo am Hierscht 2022 ufänken kënnen. D'Aarbechten daueren hei viraussiichtlech eng 400 Aarbechtsdeeg.

.....  
**Problèmes de correspondance suite à l'introduction des nouveaux numéros et horaires des lignes RGTR** | Question **6558** (27/07/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Ech si viru Kuerzem gewuer ginn, datt déi nei Buslinn 134 vun Ettelbréck iwwer Bierden a Bierschent op Eschdurf e Korrespondenzproblem mat de Schnellzich zu Ettelbréck huet, déi an d'Stad fueren oder aus der Stad kommen.

D'Resultat ass, dass d'Leit mam neien Horaire vum 17. Juli, zum Beispill moies géint 7.16 Auer respektiv owes géint 17.45 Auer, hiren Uschloss verpassen, an esou den ëffentlechen Transport fir déi concernéiert Leit keng praktikabel Léisung méi duerstellt.

Och fir d'Schüler, déi mat der Buslinn 134 vu Bierden op Ettelbréck fueren an do de Bus op Dikrech an d'Hotelschoul, den Nordstadlycée oder dat neit Gebai vum LCD huele mussen, stellt sech d'Fro, wéi dat mat den aktuellen Horairen opgoe soll, fir um 8.00 Auer an der Schoul ze sinn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Ass den Här Minister iwwer dësse Problem informéiert a gëtt versicht, fir dës Korrespondenzen esou séier wéi méiglech ze verbessern?

2. Sinn dem Här Minister nach aner Korrespondenzproblemer gemellt ginn? Wa jo, bei wat fir eng Linne gouf dëst festgestallt a redresséiert? Fält déi nei Linn 136 (al Linn 543) och drënner?

3. Aus wéi enge Grënn ass d'Linn 550 Ettelbréck-Schlénnermaneschts ewechgefall?

**Réponse** (01/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Op der Gare zu Ettelbréck besti Korrespondenzen vu Buslinnen op de Schnellzich an op de Bummelzich. Dozou wëll ech nach bemerken, dass d'Linne fir d'Ubannung u d'Ettelbrécker Gare vertakt geplangt goufen. Doduerch besteet op den Haaptachsen eng besser Verdeelung vun de Bussen an domat eng besser Offer fir de Client am ländleche Raum. Zudeem vermeide mir doduerch eng Pulkbildung vun de Busser an der Nordstad. Bei e puer Linnen ass dowéinst den Horaire op de Regionalzich ugepasst ginn. Fir d'Linn 136 trëfft leschteren Zenario zou. Doriwwer eraus bestinn och nach weider „Bus-Bus“ Korrespondenzen am ländleche Raum, déi musse respektéiert ginn.

ad 2. Wat déi betreffend Linn 134 am RGTR-Reseau ubelaangt, sou gouf – op eng Ufro vun der Gemeng Esch-Sauer hin – versicht, eng Korrespondenz zu Heischent vun der Linn 134 op d'Linn 130 unzeleeën, fir dass d'Awunner vun Eschdurf d'Méiglechkeet hunn, op Wolz ze kommen. Dëst huet zur Folleg, dass zu Ettelbréck op der Gare d'Korrespondenz net op den Expresszich agehale ka ginn.

ad 3. Déi al Linn 550 Ettelbréck-Schlénnermaneschts ass net weggefall. Si gouf duerch d'Linn 136 Ettelbréck-Konstern ersat, déi dee selwechten Tracé wéi déi al Linn 550 huet, ausser, dass se nach weider bis op Konstern fiert.

.....  
**Fraude à l'investissement dans le cannabis thérapeutique** | Question **6567** (28/07/2022) de **M. Laurent Mosar** (CSV)

Mediebericht no besteet de Verdacht, datt déi ursprénglech däitsch Firma Juicy Fields, déi medezinnesche Cannabis produzéiert, hir Investisseure bedrunn huet. Och Investisseuren aus Lëtzebuerg solle betraff sinn. An deem Kontext géif ech gäre folgend Fro u d'Madamm Justizministesch an un der Här Policeminister stellen:

1. Kann d'Regierung bestätegen, datt et bei der Entreprise Juicy Fields zu Onreegelméissegkeete komm ass?

2. Sinn och Investisseuren aus Lëtzebuerg betraff? – Wa jo, wéi vill? – Wéi vill Plainté si bis ewell zu Lëtzebuerg an deem Zesummenhang gemaach ginn?

3. War d'Regierung au courant, datt déi däitsch Bundesanstalt für Finanzdienstleistungsaufsicht BaFin ewell den 3. Juni 2022 Investitiounen bei der Juicy Holdings V., Amsterdam, Niederlande, verbueden huet, well d'Firma géint dat däitscht Vermögensanlagegesetz verstouss huet?

– Wa jo, wat huet d'Regierung doropshin ënnerhollt?

**Réponse** (02/09/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. Et ass zu dësem Zäitpunkt nach ongewëss, ob et bei der Entreprise Juicy Fields effektiv zu Onreegelméissegkeete komm ass. Aktuell ass eng Enquête pénale amgaangen, wou d'Justizautoritéiten notament och op Informatiounen aus dem Ausland ugewise sinn. Well et sech hei ëm eng lafend Enquête handelt, kënnen momentan keng weider Detailler zu der Affär geliwwert ginn.

ad 2. Jo, et sinn Investisseuren aus Lëtzebuerg betraff. Stand 16. August 2022 ass säitens der Justice vun zéng Persounen gewosst, déi och eng Plainte gemaach hunn, allerdéngs kéint et sinn, dat nach méi Leit leeséiert sinn, déi awer bis elo nach keng Plainte gemaach hunn.

ad 3. An engem Communiqué vum 1. August huet d'CSSF d'Effentlechkeet doriwwer informéiert, dass hinnen d'Firma Juicy Fields net bekannt ass an dës Firma zu kengem Moment eng Ufro fir eng Autorisation agereecht huet.

**Maladies sexuellement transmissibles | Question 6568** (28/07/2022) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV)

Laut den Aussoe vum der Presidentin vum Planning Familial, gräifen ëmmer manner Leit bei der Verhütung op Kondom zréck. E Kondom ass awer net nëmmen e Verhütungsmittel, e schützt och géint Krankheeten, déi sexuell iwwerdroe ginn, wéi beispillsweis Gonorrhoe, Chlamydien oder Syphilis.

An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

1. Kënnt Dir bestätegen, datt d'Fallzuele bei de Krankheeten, déi sexuell iwwerdroe ginn, klammen?
2. Wa jo, ëm wat fir Krankheeten handelt et sech?
3. Wéi gesäit d'Entwécklung bei den eenzele Krankheeten an de leschte fënnef Joer aus?
4. Wat fir Alterskategorie vu Leit sinn am heefegste betroff?
5. Wat wëllt d'Regierung géint dës Entwécklung maachen?

**Réponse** (25/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministère de la Santé

ad 1. an 2. D'Hausse vun de Fallzuele vu verschiddene sexuell iwwerdrobare Krankheeten ass manner op eng exponentiell Hausse vu Fäll zeréckzeféieren, mee villméi op en neit Gesetz, dat eng Meldeflicht vun dëse Krankheete virgesäit.

Den 1. Januar 2019 ass d'Gesetz iwwer déi obligatoresch d'Deklaratioun vu verschiddenen ustiechende Krankheeten a Kraaft getrueden (Loi du 1<sup>er</sup> août 2018 sur la déclaration obligatoire de certaines maladies dans le cadre de la protection de la santé publique), dat säitdeem eng duebel Meldeflicht vu verschiddene Krankheete virgesäit. Soumat gëtt een Deel vun den Krankheete weiderhi vum behandelnden Dokter deklaréiert, en aneren Deel gëtt säitdeem awer och direkt iwwer d'Laboratoire bei der Gesondheitsdirektioun deklaréiert. Verschidde Krankheete ginn iwwerdeems esouwuel vum Dokter wéi och vum Laboratoire deklaréiert. De Virdeel vun esou engem duebele System, deen och an de meeschten aneren EU-Länner besteet, ass eng besser Exhaustivitéit vun den Deklaratiounen, besonnesch well d'Laboratoiresresultater all digitaliséiert sinn an esou méi einfach kënnen iwwermittelt ginn.

Iwwer dësen elektronischen System mellen d'Laboratoiren, no enger Testphas, säit Januar 2020 och déi sexuell iwwerdrobare Krankheeten, sou datt säitdeem effektiv vill méi sexuell iwwerdrobare Krankheeten deklaréiert gi sinn. D'Hausse vun den deklaréierte sexuell iwwerdrobare Krankheete säit 2020 wëll soumat net heeschen, dass et säitdeem vill méi Krankheetsfäll ginn, mee ass vill méi op de viregt genannten neie System zeréckzeféieren, deen et obligatoresch mécht, dësen Typ vu Krankheeten ze mellen. Dëse Changement am Reporting mécht et doriwwer eraus och onméiglech, d'Zuele vun deene leschte fënnef Joer ze vergläichen.

D'Zuele vun den dräi heefegste sexuell iwwerdrobare Krankheeten (Gonorrhée, Chlamydieuse a Syphilis) zu Lëtzebuerg vun 2017 bis 2021 si resümeiert am folgendem Tableau:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Effektiv gesäit een, datt ab 2020 d'Zuele bei deenen dräi Krankheete staark an d'Luucht gaangen sinn, dës ass awer wéi gesot virun allem op déi obligatoresch Meldeflicht zeréckzeféieren an manner op eng exponentiell Hausse vu Fäll.

ad 3. Zënter dem Benotze vun der neier Meldeplattform (Januar 2020), kann een iwwerdeems och kee signifikanten Trend no uewen oder no ënnen feststellen, wéi den folgendem Tableau opschlésselt. Am Abrëll 2020 gesäit een eng Baisse vun Deklaratiounen, déi op den deemolege Lockdown vun der Covid-19-Pandemie zeréckzeféieren ass.

Och bei anere sexuell iwwerdrobare Krankheeten, wéi den HIV oder d'viral Hepatite gëtt et keen Trend no uewen.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 4. Am meeschte betrëff vun den dräi genannte Krankheete si Persounen tëschent 25 an 44 Joer. Un zweeter Stëll komme Persounen tëschent 15 a 24 Joer.

ad 5. D'Populatioun muss weiderhin iwwer d'Preventionsmoossnamen mam Fokus op d'Benotze vun engem Kondom bei sexueller Relatiounen informéiert ginn. D'Gesondheitsdirektioun setzt sech aktiv mat senger Partner vum Terrain dofir an, fir datt dës Moossnamen sou gutt wéi méiglech beim grouse Public verënnerecht ginn an ënnerstëtzt och d'Gratisverdeelung vu Kondomen bei verschiddene Manifestatiounen. Eng Entrevue ass iwwerdeems mam Planning Familial am September geplangt, fir ënner anerem de Point iwwer d'Sensibilisatiounsaarbecht an dësem Beräich ze maachen.

Parallèl dozou muss weiderhin op engem héijen Niveau depistéiert ginn, fir dass déi eenzel Krankheete schnell detektéiert kënnen ginn an dann och deementspreechend behandelt kënnen ginn. Dozou sief gesot, datt déi obligatoresch Deklaratioun, déi et säit zwee Joer fir déi sexuell iwwerdrobare Krankheete gëtt, et virun allem erlaabt, e bessert Bild vun der Entwécklung vun de Fäll zu Lëtzebuerg ze hunn a soumat méi cibléiert Sensibilisatiounsaktiounen en place ze setzen.

**Frais de publicité de l'armée | Question 6571** (29/07/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

A menger parlamentarescher Fro N° 6520 hat ech op d'Rekrutementsproblemer bei der Arméi opmierksam gemaach a wollt Informatiounen dozou hunn, wéi de Personalmangel bei der Arméi gehandhaabt gëtt. Eng wichteg Roll spillt hei natierlech d'Unzéie vun neien Zaldoten a Personal.

An engem Artikel an der Zeitung vun der CGFP gouf mat Bedauere festgestallt, dass d'Arméi an Zukunft hei keng Annonce méi wäert schalten. Dozou kommentéiert d'CGFP esou:

„Ob die Entscheidung der Armeespitze mit Blick auf bestehende und anhaltende Einstellungsprobleme innerhalb der luxemburgischen Armee die richtige ist, sei mal dahingestellt. Gleichmaßen darf daran gezweifelt werden, ob die Veröffentlichung von Jobanzeigen in Gratisblättern, die vorwiegend von Pendlern gelesen werden, einer adäquaten Verwendung von Steuergeldern gleichkommt, um die Rekrutierungsprobleme auf dem Herrenberg zu lösen – ebenso wie die Ausstrahlung von kostspieligen Werbespots in Kinosaal im Süden des Landes mit gerade mal sechs Kinobesuchern in einer Vorstellung.“

A menger Fro N° 4623 hat ech Bedenken zu engem Werbevideo vun der Arméi ausgedréckt, wou och den Émgang mat Waffen an de Vierdergrond gestallt gouf.

An deem Zusammenhang wéilt ech dem Minister fir Verdeedegung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Suen huet d'Arméi zënter 2017 fir Publicitéit ausginn (opgeschlésselt no Joer)?
2. Wéi verdeele sech dës Ausgaben, opgeschlésselt no Joer zënter 2017, op déi verschidde Medien – Radio? – Tële? – Kino? – Zeitungen (opgelëscht no Zeitung)? – Social Media (opgelëscht no Kanal)? – Werbematerial fir Stänn? – Annoncen am effentleche Raum (Bornen, Plakater etc.)?
3. Wéi héich waren d'Ausgabe fir déi eenzel Werbeagencen, déi d'Arméi mat Campagnen an der Diffusioun beoptraagt huet, zënter 2017 (opgelëscht no Joer)?

**Réponse** (25/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministère de la Défense

Ier ech op déi verschidde Froen aginn, wëll ech zum zitéierten Artikel bemierken, dass der CGFP hir Zeitung eng Gewerkschaftszeitung ass, déi un hir Membere, dat heescht d'Personal aus dem effentlechen Déngscht verschéckt gëtt.

Am Allgemengen ass d'Personal aus dem effentlechen Déngscht gutt iwwer d'Méiglechkeeten, bei der Arméi ze schaffen, informéiert. Doriwwer eraus, si mir beméit, nei Leit fir d'Arméi ze gewannen, déi vun der Schoul, der Uni oder aus dem Privatsektor kommen. Duerch d'Publizéiere vun Annoncen an der Zeitung vun der CGFP erwaarde mer eis awer net, dës Leit ze errechen.

ad 1. (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Fir d'Joer 2022 chiffriert sech de geplangte Budget op 782.500 €.

ad 2. Et ass net méiglech, eng präzise Oplëschtung vun den Ausgaben op Radio, Tële a Kino ze ginn, well d'Arméi dofir Publicitéitsagencé beoptraagt huet, déi d'Reklamme sou an de Medien placéieren, wou et zu engem gewëssenen Zäitpunkt interessant war (zu dësen Ausgabe gëtt op d'Fro 3 verwisen).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 3. (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

**Pénurie de certains médicaments | Question 6574** (29/07/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

Ces dernières années, nos pays voisins ont été touchés par une augmentation de l'indisponibilité de certains médicaments. À titre d'exemple, en France, l'Agence nationale de la sécurité des médicaments et des produits de santé (ANSM) a enregistré 1.504 signalements de ruptures de stock et de risque de ruptures de stock de médicaments en 2019 contre 2.446 signalements du même type en 2020.

Dans ce cadre, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

- 1) Une augmentation des ruptures de stock de médicaments est-elle actuellement constatée au Luxembourg ? Quels sont les médicaments les plus concernés par de telles pénuries ?



2) Existe-t-il un site informatique centralisé où il est possible de voir quels médicaments sont actuellement en rupture de stock, à l'instar de celui de l'ANSM en France ? Si tel n'est pas le cas, est-il envisagé de créer un tel site et, le cas échéant, de le rendre accessible au grand public ?

3) Quelles sont actuellement les mesures de précaution prises afin d'atténuer les risques de ruptures d'approvisionnement en médicaments ?

**Réponse** (25/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) L'augmentation des ruptures de stock est un phénomène qui s'observe de manière globale et peut donc également concerner le Luxembourg. De nombreuses études ont été menées au niveau européen et dans différents États membres de l'Union européenne à ce sujet. Il en ressort qu'il n'y a pas de type de médicaments davantage touché par les ruptures, le problème pouvant potentiellement concerner tous les médicaments. Ceci confirme les observations que la Division de la pharmacie et des médicaments de la Direction de la santé a pu faire au niveau national.

ad 2) Actuellement, il n'existe pas encore de site informatique au Luxembourg indiquant la disponibilité des médicaments sur le marché luxembourgeois. Un nouveau projet sur l'indisponibilité des médicaments et des produits de santé a cependant été lancé fin 2021 et prévoit entre autres la mise en place d'un système informatique luxembourgeois similaire au site [pharmastatut.be](http://pharmastatut.be) implémenté en Belgique et renseignant le grand public sur l'indisponibilité de médicaments.

ad 3) Le projet mentionné abordera également de nombreuses autres questions liées aux indisponibilités afin d'atténuer les conséquences des ruptures d'approvisionnement en médicaments. Ainsi, un arbre décisionnel sera développé pour identifier en amont les situations critiques et mettre en place une stratégie adéquate. Une évaluation du cadre réglementaire sera effectuée afin de déterminer si des ajustements sont nécessaires pour une gestion plus efficace des ruptures. Une liste de médicaments dits « essentiels » ou « critiques » sera établie permettant un suivi en temps réel des stocks de ces produits. Une nouvelle approche de communication sera mise en place visant tous les acteurs concernés : pharmacies de ville, pharmacies hospitalières, grossistes, distributeurs, professionnels de santé, patients, industrie pharmaceutique et industrie des dispositifs médicaux ainsi que les différentes institutions et autorités nationales. En septembre, cinq groupes de travail thématiques démarreront leurs activités afin d'implémenter les objectifs fixés par le comité de pilotage mis en place par la Division de la pharmacie et des médicaments en début d'année.

Ce projet s'inscrit également dans une démarche européenne avec le nouveau mandat confié à l'Agence européenne des médicaments (règlement (UE) 2022/123) dans le domaine des indisponibilités de médicaments et dispositifs médicaux. Le Luxembourg participe par ailleurs également à une action commune qui sera lancée en octobre prochain sur le thème des ruptures afin de pouvoir bénéficier des échanges d'expériences et des solutions développées conjointement par 23 États membres de l'Union européenne.

**Impact de l'augmentation du prix de l'énergie sur le budget de l'État** | Question 6575 (29/07/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

L'explosion des prix de l'énergie aura des répercussions considérables non seulement pour les ménages, les

entreprises mais aussi pour l'État, les communes, les CFL, les établissements hospitaliers, les écoles, les structures d'accueil pour personnes âgées et autres financements et cofinancés par l'État respectivement la sécurité sociale.

– J'aimerais dès lors savoir de Monsieur le Premier Ministre si le Gouvernement a fait le point sur le surcoût et les retombées budgétaires pour l'État et ses partenaires.

– Comment le Gouvernement entend-il réagir en concertation avec ses partenaires à cette évolution des prix et à une éventuelle pénurie ?

– Est-ce que ces structures disposent d'un plan d'action face à cette problématique ?

**Réponse** (19/08/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État

Le Gouvernement prend très au sérieux la flambée des prix et d'éventuels problèmes d'approvisionnement. Ainsi, le Gouvernement a décidé cette année, à la suite de la table ronde « énergie » et la réunion du Comité de coordination tripartite, l'attribution d'aides directes à hauteur de 923 millions d'euros et d'aides sous forme de garanties à hauteur de 500 millions d'euros, ceci afin de soutenir financièrement les citoyens et les entreprises. Dans cette situation difficile, le Gouvernement veillera également à maintenir son soutien aux citoyens et aux entreprises. C'est pour cette raison que le Gouvernement continue à miser sur le dialogue social qui a fait ses preuves dans le passé en produisant des solutions tangibles pour les citoyens et les entreprises. L'accord tripartite du 31 mars 2022 prévoit la tenue d'une nouvelle réunion du Comité de coordination tripartite en cas de détérioration de la situation économique et sociale. Sur base des calculs concernant l'évolution de l'inflation début septembre, le Gouvernement invitera les partenaires sociaux pour une telle réunion afin de lancer les consultations sur un troisième paquet de soutien pour les citoyens et les entreprises.

En parallèle, le Gouvernement est en train d'analyser l'impact de l'augmentation des prix de l'énergie et d'éventuels problèmes d'approvisionnement sur les infrastructures étatiques et paraétatiques ainsi que sur les infrastructures critiques essentielles. Des mesures tendant à réduire cet impact sont en préparation.

**Exigences en matière de rotation des cultures et de jachère dans le cadre de la nouvelle politique agricole commune** | Question 6581 (29/07/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Wéinst dem Krich an der Ukrain, der doduerch bedéngt Knapheet u Kären an der allgemenger Präis-hausse bei de Liewensmëttel huet d'EU-Kommission virgeschloen, déi bei der Reform vun der Gemeinsamer Agrarpolitik decidéierte Flächestilllegungspflicht vu 4 % am Joer 2023 aussetzen. D'Propos vun der Kommission gouf de 27. Juli offiziell ugeholl. Elo läit d'Entscheidung bei den eenzelen EU-Memberstaaten. An deem Kontext wollt ech folgend Drénglechkeetsfroen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

1. Wat fir eng Positioun huet Lëtzebuerg zu Bréissel vertrueden?

2. Ass d'Regierung bereet, d'Stilllegungspflicht 2023 aussetzen?

– Wann nee, wat sinn d'Grënn fir dës Entscheidung?

– Wéini a wéi gëtt dës Decisioun kommunizéiert?

**Réponse** (10/08/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Lëtzebuerg huet der Proposition vun der Bréisseler Kommission zugestëmmt.

ad 2. Op Proposition vum Landwirtschaftsminister huet d'Regierung de 5. August 2022 decidéiert, d'Stilllegungslicht fir 2023 ënner verschiddene Konditiounen aussetzen. Dee selwechten Dag ass eng entspreichend Kommunikatioun gemaach ginn.

**Cyberattaque sur Creos et Enovos** | Question 6596 (02/08/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

An der Nuecht vum 22. op den 23. Juli war d'Creos Affair vun enger Cyberattack. De Grupp „Alpha“ huet d'Attack fir sech revendiquéiert. An hirer Matdeelung loosse se wëssen, dass si sensibelt Material ewéi Kontrakt- a Passdate geklaut hätten an dës publizéiere wëllen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Energie dës Froe stellen:

1. Si bei dëser Attack effektiv perséinlech Informatiounen vun den Hacker geklaut ginn? Waren hei och Kontosnummere dobäi?

2. Wa jo, ass dem Ministère bekannt, ob dës Date verëffentlecht goufen?

3. Ass d'CNPD iwwert dës Cyberattack informéiert ginn? Wann nee, firwat net?

4. Sinn d'Clientë vu Creos iwwert dës Attack, respektiv iwwert d'Fuite vun hiren Date vu Creos informéiert ginn, sou wéi den RGPD dat virgesäit? Wann nee, firwat net?

5. Wéi ass dës Cyberattack zustane komm a goufen dës Schwachpunkte mëttlerweil besäitegt?

6. Wéi eng Moosssname ginn en place gesat, datt déi betraffe Clientë keng negativ Konsequenzen dovunner hunn (Identitéitsklau, onerlaabte Bankofbuchungen, ...)?

**Réponse** (16/08/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

ad 1. Op Nofro hin huet Encevo informéiert, dass d'Analys vun den Donnéeën, déi geklaut goufen, nach amgaangen ass. Dem aktuelle Wëssensstand no sinn ënnert de geklauten Informatiounen och allgemeng Basisdonnéeën wéi Nimm, Virnimm, Adressen an, falls gespäichert, E-Mail-Adressen an Telefonnummere souwéi Bankverbindung vu bestëmmte Clientsgruppen.

ad 2. Dem Ministère, souwéi Encevo, ass bekannt, dass et zanter der Attack effektiv eng Verëffentlechung vu geklauten Informatiounen am sougenannten Darknet ginn ass. Déi Situatioun gëtt och weiderhin an Zesummenaarbecht mat de responsablen Autoritéite genau iwwerwaacht.

ad 3. Soubal d'Attack bemierkt ginn ass, huet Encevo nieft der Bekämpfung vun der Attack och all aner néideg Mesurë geholl, dat heescht ënner anerem sinn och déi jeeweileg Autoritéiten (Police, GovCert, ILR ...) informéiert ginn. Dozou gehéiert och eng Notifikatioun un d'CNPD. Bei all dësen Notifikatiounen sinn déi virgeschriwwen Delaien agehale ginn.

ad 4. Allegueren d'Clientë sinn iwwer eng Kommunikatioun un de Grand public informéiert ginn. De Grupp Encevo, zu deem Creos gehéiert, huet méindes de 25. Juli en éischte Pressecommuniqué zu der Cyberattack gemaach an och iwwer seng jeeweileg Clientsportal informéiert.

En zweete Pressecommuniqué mat Hiweis op den Data Breach gouf dann den 28. Juli gemaach. Gläichzäitig goufen all aner Partner a Fournisseure vu Creos respektiv Enovos iwwer E-Mail op de potentiellen Data Breach higewisen. Zum selwechte Moment huet de Grupp Encevo eng speziell ëffentlech Websäit opgemaach mat engem FAQ zu der Attack an dem Data Breach. Dës Kommunikatioun gouf

PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L - 3208 BETTEMBOURG

breetgemaach, en fonctioun vun der Entwécklung vun der Situatioun a vun deem, wat sécher konnt affirméiert ginn. Ee weideren drëtte Pressecommuniqué ass de 4. August gemaach ginn. Och soss gouf a Kommunikatiounen mat Clienten op d'Cyberattack higewisen, insofern verschidde Servicer impaktéiert waren an net wéi gewinnt konnte funktionéieren.

D'Enquête ass nach net ofgeschloss, soudass nach net d'Detailer all bekannt sinn, déi et erméiglechen, jidder potentiell betrafte Persoun perséinlech ze informéieren. Persounen, vun deene gewosst ass, dass hir persounbezunnen Donnéeë betraff sinn, ginn am Laf vun der Zäit individuell benotzt.

ad 5. Op Nofro hin huet Encevo informéiert, dass den informatesche System vun hirem Grupp duerch fortschrëttlech Sécherheitssystemer a -prozesser geschützt ass, déi duerch ee ronderëm d'Auer besate Sécherheitsbetriebszentrum an engem IT-Noutfallteam ergänzt sinn. Dës Moosnamen hätten et erméiglecht, schnell ze reagéieren. Encevo investéiert bestänneg a seng Schutzmoosnamen, fir op déi sech schnell verännerend Cybermenacë reagéieren ze kënnen an d'Bestëmmungen iwwer GDPR – also déi allgemeng Datschutzbestëmmungen – an den NIS-Reegelen – also d'Reegelen iwwer d'Sécherheet vun Informatiounssystemer – anzehalen.

D'Attack, där Encevo ausgesat war, huet eng speziell entwéckelt sophistiquéiert Schuedsoftware benotzt, déi net duerch konventionell Antivirussoftware konnt identifizéiert ginn. Souwäit méiglech huet Encevo an der Tëschenzäit d'Iwwerwaachung vun hiren Informatiounssystemer weider verstärkt, d'Systemer opgrond vu séchere Backuppen erëm eropgefuert, d'Sécherheet vum Accès à distance op d'Plattformen verstärkt an allegueren d'Passwierder geännert.

ad 6. D'Schwaachpunkte si mëttlerweil behuuewen an et ass séchergestallt ginn, dass sech keng Bedroung méi an de Systemer verstoppt. Iwwer en FAQ, deen en fonctioun vun der Entwécklung ausgebaut gëtt, informéiert de Grupp Encevo ë. a. iwwer Risiken, méiglech Konsequenzen a gëtt Rotschléi, fir Dateklau

ze vermeiden. Dozou gehéiert ënner anerem d'Opfuerderung, fir déi bestoend Passwierder ze änneren.

**Politique étrangère envers Israël | Question 6602**  
(03/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Am Artikel „Luxemburgs Agenda bei der UNO: unbekannt und einseitig“, deen den 30./31. Juli am „Wort“ publizéiert gouf, heescht et, dass Lëtzebuerg am UNO-Mënscherechtsrot während de mëndlechen Interventiounen dacks eesäiteg israelfeindlech Positiounen vertritt, déi sou vu kengem aneren EU-Memberstaat gedeelt ginn. Sou legitiméiert Lëtzebuerg beispillsweis reegelméisseg duerch an a sengen Interventiounen den „Item 7“, deen eesäiteg Mënscherechtsverletzungen duerch Israel an de Palestinensergebiddern thematiséiert. Deem Artikel no ass Lëtzebuerg nieft Irland dat eenzegt anert EU-Land, dat während de leschten dräi Joer zu deem festen Dagesuerdnungspunkt d'Wuert ergraff huet, huet am Géigesaz zu Irland awer op eng Verurteilung vu Mënscherechtsverletzungen, déi duerch palestinensesch Autoritéiten begaange goufen, verzicht.

Weider heescht et am uewen zitéierten Artikel, dass Lëtzebuerg den 23. Juli 2019 eng Resolutioun matgedroen huet, déi Israel als eenzegem Land schwéier Verstéiss géint d'Rechter vun der Fra virgeworf huet, an domat méiglech Verletzungen vu Fraerichter an anere Länner stëllschweigend guttgeheescht hätt. Am Kontext vun der UNO-Fraerichtspolitik wäert den Artikel ausserdeem Hiwaiser aus, dass Lëtzebuerg d'Kandidatur vum Iran an d'UNO-Kommissioun fir Fraerichter mat ënnerstëtzt hätt, obwuel och dëst Land ëmmer erëm wéinst méigleche Verstéiss géint d'Rechter vun der Fra an der Kritik steet.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. D'UNO fält an de Kompetenzberäich vum Här Bausseminister. Ass déi am Artikel thematiséiert israelfeindlech Haltung vun eise Land op eng

unilateral Decisioun vum Här Minister fir Baussepolitik zeréckzeféieren oder entsprécht se där offizieller Positioun vun der ganzer Regierung?

2. Kann d'Regierung preziséieren, wéi wäit déi uewe beschriwwen Decisiounen am Kader vun der UNO-Fraerichtspolitik der Linn vun där nationaler, sougenannter „feministischer Baussepolitik“ entspriechen?

3. Huet Lëtzebuerg an deene leschte Joren Kandidature vum Iran fir UNO-Gremien ënnerstëtzt? Wa jo, wéi eng woren dat? Huet Lëtzebuerg fir den Iran als Member vun der UNO-Kommissioun fir Fraerichter gestëmmt?

**Réponse** (01/09/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. Weeder de Lëtzeburger Ausseminister nach d'Lëtzeburger Regierung huele bei der UNO eng „israelfeindlech Haltung“ an. Als Member vum UNO-Mënscherechtsrot ernimmt Lëtzebuerg, wann et néideg ass, dorunner, dass all Länner – och Israel – obligéiert sinn, am Aklang mam Völkerrecht – an dozou gehéiert och dat humanitäre Völkerrecht – ze handelen.

ad 2. An der erwänter Resolutioun vum Sozial- a Wirtschaftsrat vun der UNO geet et ëm d'Situatioun vun de Palestinenserinnen an déi international Hëllef u si. An deem Sënn ass dës Resolutioun am Aklang mat de Prinzipien vun der Lëtzeburger feministischer Aussepolitik, no där d'Fraerichter e vollwäertegen Bestandteil vun de Mënscherechter sinn. An deem Kontext sief och un d'Decisioun vun der Lëtzeburger Regierung ernimmt, de Kampf géint all Forme vun Diskriminatioun – och a besonnesch géint Fraen a Meedercher – als eng vu véier Prioritéiten während hirem Mandat am UNO-Mënscherechtsrot ze behandelen.

ad 3. Als Land mat enger feministischer Aussepolitik leet Lëtzebuerg vill Wäert op de Respekt vun der Fraerichter am UNO-System. Dëst zielt selbstverständlech och, wat d'Walverhale vun eise Land an der UNO betrëfft. Iwwer seng individuell Ofstëmmung bei geheime Wale kommunizéiert Lëtzebuerg net.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un abocro@chd.lu, andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfille beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

**PERIODIQUE**



Envois non distribuables à retourner à:  
**L-3290 BETTEMBOURG**

**PORT PAYÉ**  
**PS/799**



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-05

Nouvelles lois

p. 06-07

Séances publiques

p. 08-77

Questions au Gouvernement

p. 78-99

2021-2022

# N° 21

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-05

Nouvelles lois ..... p. 06-07

Séances ..... p. 08-77

61<sup>e</sup> séance du jeudi 16 juin 2022 ..... p. 08-58

62<sup>e</sup> séance du mardi 28 juin 2022 ..... p. 59-77

Questions au Gouvernement ..... p. 78-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

**Contenu rédactionnel :**  
Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

**Impression :**  
Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

**Date d'impression :**  
07/02/2023

**Concept et layout :**  
brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





# Internationaler Holocaust-Gedenktag

Am 27. Januar 2023 nahmen Parlamentspräsident Fernand Etgen sowie der Abgeordnete Charles Margue und der Generalsekretär des Parlaments Laurent Scheeck an der Holocaust-Gedenkveranstaltung in der Konstantin-Basilika in Trier teil.

Parlamentarier aus Luxemburg, Belgien, Frankreich und Deutschland gedachten gemeinsam der durch das NS-Regime Verfolgten und Ermordeten. Im Zentrum des Gedenkens stand die Frage, wie die Zeit der NS-Diktatur bis heute in den Familien diesseits und jenseits der Grenzen nachwirkt.

Diese Gedenkveranstaltung fand im Rahmen der rheinland-pfälzischen Präsidentschaft des Interregionalen Parlamentarierrats (IPR-CPI) statt.

*Von links nach rechts: der Abgeordnete Charles Margue, der Präsident des Landtags Rheinland-Pfalz Hendrik Hering, der Präsident der Abgeordnetenkammer Fernand Etgen und Generalsekretär Laurent Scheeck*



## Les députés commémorent les victimes de la Shoah

La Chambre des Députés a participé le 27 janvier 2023 à la campagne #weremember à l'occasion de la Journée internationale dédiée à la mémoire des victimes de l'Holocauste. Cette date marque le 78<sup>e</sup> anniversaire de la libération du camp de concentration et d'extermination d'Auschwitz-Birkenau le 27 janvier 1945. Plus de 1.300 Juifs du Luxembourg ont été tués par les nazis.





# L'enseignement multilingue luxembourgeois – un modèle pour Bruxelles ?

Une délégation de la Commission de l'enseignement et de la construction des écoles du Conseil de la Commission communautaire flamande de Bruxelles (Raad van de Vlaamse Gemeenschapscommissie) était en visite au Luxembourg pour avoir un aperçu de la situation linguistique du pays et de l'enseignement multilingue.

De quelle manière les enfants qui ne parlent ni le français, ni l'allemand, ni le luxembourgeois sont-ils encadrés dans l'enseignement luxembourgeois ? Comment garantir un enseignement assez flexible pour faire face à une diversité linguistique grandissante ? Ces questions ont été abordées lors d'une entrevue, le 25 janvier 2023, entre les parlementaires de la Communauté

flamande de Bruxelles et leurs homologues luxembourgeois, membres de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.

À cette occasion, les députés luxembourgeois et belges ont visité un cours d'accueil à l'école fondamentale au Limpertsberg ainsi que l'École internationale Gaston Thorn. L'enseignement dans cette sixième école publique européenne au Luxembourg a démarré à la rentrée 2022-2023 avec sept classes de l'école primaire, réparties en trois sections linguistiques (germanophone, francophone et anglophone).

Après un échange de vues avec les responsables des deux établissements scolaires, les députés bruxellois se sont dits « impressionnés » par des structures facilement adaptables à de nouveaux besoins. Ils ont fait part à leurs homologues luxembourgeois de leur conviction que l'enseignement des langues pratiqué au Luxembourg pourrait servir de modèle à la région bruxelloise qui se caractérise également par une grande diversité de langues et de communautés. D'autres sujets abordés lors de l'entrevue étaient l'encadrement des élèves à besoins spécifiques et le rôle des Centres de compétences en psychopédagogie spécialisée.



*Échange de vues entre les députés membres de la Commission de l'Éducation nationale luxembourgeoise et leurs homologues du Conseil de la Commission communautaire flamande*

## Échange de vues entre les parlements luxembourgeois et grec

# Une situation tendue en Méditerranée orientale

Les relations entre la Grèce et la Turquie ainsi que la situation géopolitique en Méditerranée orientale étaient à l'ordre du jour d'un échange de vues en ligne le 25 janvier 2023, rassemblant une délégation du Parlement grec et les députés membres de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense et de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile de la Chambre des Députés.

« La Grèce doit endurer des menaces quotidiennes de la part de la Turquie », ont indiqué plusieurs députés membres des commissions des affaires étrangères et de la défense du Parlement hellénique à leurs homologues luxembourgeois. Ils ont expliqué que la Turquie engage depuis plusieurs années un discours

en quelque sorte belliciste contre la Grèce. D'après la délégation grecque, cette situation pourrait également être une menace directe pour l'Union européenne, alors que la Grèce aurait comme objectif de conserver la paix dans la région de la Méditerranée orientale, d'où le souhait de rechercher un dialogue avec la Turquie sans toutefois remettre en cause la souveraineté et l'intégrité nationales de la Grèce.

Parmi les sujets abordés, les députés luxembourgeois se sont notamment intéressés aux problématiques dans la région concernant les gisements énergétiques et la situation des réfugiés et immigrants. La Méditerranée orientale pourrait être une région cruciale et la Grèce un carrefour important pour l'appro-

visionnement en énergie, a souligné un député grec. Selon lui, le comportement provocateur de la Turquie rendrait une telle évolution impossible à l'heure actuelle. Quant à la situation des réfugiés et immigrants, les députés grecs souhaiteraient davantage de compréhension pour les problèmes liés à l'immigration.

Les députés luxembourgeois ont assuré leurs interlocuteurs que le Luxembourg soutient la Grèce dans cette situation géopolitique délicate. Ils ont également confirmé que le Grand-Duché maintient son soutien à la Grèce dans la gestion de la crise des réfugiés, tel qu'il l'a déjà fait à plusieurs reprises, par exemple dans le cadre de relocalisations de réfugiés de la Grèce vers d'autres pays européens.



## Neijoerschreceptioun am Palais grand-ducal



© Maison du Grand-Duc / Sophie Margue

De President an d'Membere vum Bureau vun der Chamber waren den 23. Januar 2023 vun der groussherzoglecher Famill op déi traditionell Neijoerschreceptioun am Palais grand-ducal invitéiert.

Mat dobäi waren och d'Regierungsmemberen, d'Membere vum Conseil d'État, déi vum Staatschef akkreditéiert Vertrieder vum Corps diplomatique, d'Vetrieder vun der Justiz souwéi d'Vetrieder vun den europäeschen Institutionen.

*De Chamberspresident beim Empfang duerch d'groussherzoglechen Koppel*

## Le Président de la Chambre des Députés a reçu...



... S. E. Mme Frances-Galatia Lanitou Williams, Ambassadrice de la République de Chypre



... S. E. M. Badr Ahmed Mohamed Abdelatty, Ambassadeur de la République arabe d'Égypte



... S. E. M. Markus Börlin, Ambassadeur de la Confédération suisse



## Hospitalisation de personnes atteintes de troubles mentaux

### 7913 – Projet de loi modifiant l'article 33 de la loi modifiée du 10 décembre 2009 relative à l'hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux

Le projet de loi n° 7913 vise à modifier la loi modifiée du 10 décembre 2009 relative à l'hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux, plus particulièrement son article 33 prévoyant les modalités de fonctionnement de la commission spéciale chargée de l'exécution des décisions judiciaires de placement.

Cette commission est compétente pour décider du bien-fondé des demandes de sorties des personnes auteurs d'infractions souffrant de troubles mentaux ayant aboli leur discernement au moment de l'acte, qui ont fait l'objet d'un placement judiciaire ordonné par les juridictions pénales de jugement ou d'instruction en application de l'article 71 du Code pénal.

Les membres et suppléants assument une importante responsabilité, dès lors qu'il leur revient de décider du bien-fondé des demandes de sorties accompagnées, seules, à l'essai ou définitives des placés judiciaires, qui, bien qu'ils n'aient pas pu être tenus pénalement responsables, ont cependant commis des infractions qui sont parfois d'une gravité certaine, comme des tentatives de meurtre ou des coups et blessures volontaires.

Du fait de cette lourde responsabilité, il convient de prévoir une indemnisation adéquate des membres de la commission spéciale par le biais du présent projet de loi et d'un règlement grand-ducal pris en son exécution. La fixation de cette indemnité vise également à résoudre les difficultés rencontrées par la commission spéciale pour recruter et nommer de nouveaux volontaires médecins en tant que membres.

Dépôt par Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 18/11/2021  
Rapporteur : M. Charles Margue

Travaux de la Commission de la Justice  
(Président : M. Charles Margue) :  
11/05/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation et examen du projet de loi  
Examen de l'avis du Conseil d'État  
22/06/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 28/06/2022  
Loi du 29 juillet 2022  
Mémorial A : 2022, n° 424, page 1

## Financement de l'action SuperDrecksKëscht

### 7950 – Projet de loi relatif au financement de l'action SuperDrecksKëscht

L'objet du projet de loi est de régulariser le contrat entre l'État et l'adjudicataire relatif à l'exécution de l'action SuperDrecksKëscht telle que visée par la loi du 25 mars 2005 relative au fonctionnement et au financement de l'action SuperDrecksKëscht.

Le projet de loi a été déposé suite à la publication de la note de recherche scientifique dans laquelle la Cellule scientifique de la Chambre des Députés a publié son avis juridique concernant l'interprétation de l'article 99 de la Constitution dans le contexte du contrat relatif à l'exécution de l'action SuperDrecksKëscht. Dans cet avis, la Cellule scientifique a conclu que la loi du 25 mars 2005 relative au fonctionnement et au financement de l'action SuperDrecksKëscht ne peut pas être considérée comme loi spéciale de financement au sens de l'article 99 de la Constitution, et que, en l'absence d'une loi spéciale, le contrat précité est nul.

Le projet de loi a donc l'objet de régulariser le contrat qui nécessite une loi spéciale de financement, étant donné que le contrat contient une charge grevant le budget de l'État pour plus d'un exercice et qui dépasse le seuil de 40 millions d'euros. Le projet de loi prévoit un plafond de 112 millions d'euros hors TVA dans la période du 1<sup>er</sup> janvier 2018 jusqu'au 31 décembre 2028, ce plafond étant le résultat d'une majoration de 15 % du montant initial du marché, ceci pour tenir compte du développement économique et démographique ainsi que d'autres imprévus ne permettant pas la détermination exacte du volume de déchets problématiques.

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et Développement durable, le 18/01/2022  
Rapporteur : M. François Benoy

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire  
(Président : M. François Benoy) :

01/06/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi  
Examen de l'avis du Conseil d'État  
10/06/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 16/06/2022  
Loi du 15 juillet 2022  
Mémorial A : 2022, n° 375, page 1

## Extension de la station d'épuration de Luxembourg-Beggen

### 7973 – Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension de la station d'épuration de Luxembourg-Beggen

L'objet du projet de loi est d'autoriser le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension de la station d'épuration de Luxembourg-Beggen, dont la Ville de Luxembourg est le maître d'ouvrage.

La station d'épuration de Beggen traite les eaux usées de la ville de Luxembourg, des communes de Strassen, Bertrange, Leudelange, ainsi que de la localité Roedgen (Reckange-sur-Mess) et de la partie ouest de la localité du Findel (Sandweiler). Le projet d'extension vise à augmenter la capacité d'épuration de la station afin de répondre aux besoins croissants de la ville de Luxembourg et de ses alentours. La capacité de traitement sera plus que doublée, allant de 210.000 à 450.000 équivalents-habitants après extension, dont 84 % en provenance de la ville de Luxembourg et 16 % en provenance des communes limitrophes raccordées.

Outre l'augmentation de la capacité épuratoire, le projet prend en compte des seuils de rejet plus contraignants, ainsi que l'installation d'une quatrième phase de traitement visant l'élimination des micropolluants. Cette quatrième phase de traitement s'ajoutera au prétraitement mécanique, à la décantation primaire, au traitement biologique des polluants organiques et à l'élimination des nutriments, et permettra l'élimination, entre autres, de résidus de médicaments, de produits de contraste utilisés en radiologie, de substances chimiques industrielles ou encore d'édulcorants, substances qui peuvent avoir des effets néfastes sur les espèces aquatiques et les cours d'eau tels que l'Alzette. La planification de la nouvelle station a pris en compte, outre la surface nécessaire, la faculté d'intégration dans le paysage interurbain, l'efficacité énergétique et économique de l'exploitation et la facilité de maintenance des procédés installés.

En tenant compte des critères mentionnés ci-dessus, le procédé Sequencing Batch Reactor (SBR – traitement biologique séquentiel) a été retenu comme solution, entre autres parce qu'il permet l'atteinte des volumes nécessaires en construisant à la hauteur, ce qui n'est pas possible pour une installation par boues activées classique.

Le projet d'extension de la station d'épuration de Beggen comprend dès lors la construction d'une nouvelle décantation primaire, de neuf bassins d'épuration biologiques SBR, d'une station de pompage d'alimentation SBR, d'une installation de déshydratation des boues en excès, d'un troisième digesteur permettant la fermentation des boues, d'une station de traitement des micropolluants et d'un nouveau bâtiment de service, remplaçant l'ancien.

#### Phasage des travaux

L'extension de la station d'épuration de Beggen commencera en 2023 avec la construction du nouveau bâtiment administratif et du traitement primaire. En 2025, quand les deux bâtiments seront achevés, le personnel pourra déménager et l'ancien bâtiment administratif pourra être démolé.

En 2023 commenceront les travaux pour l'épaississement des boues, le troisième digesteur des boues d'épuration ainsi que les trois réacteurs SBR le long de l'Alzette.

De 2025 à 2028 seront construits les réacteurs SBR du milieu et la transformation des deux digesteurs des boues d'épuration existants. Finalement, de 2026 à 2028, la construction des réacteurs SBR côté Beggen pourra avoir lieu.

La mise en service de l'extension des installations permettant le traitement des polluants organiques et des nutriments est prévue pour 2028 et par la suite commenceront les travaux pour la quatrième étape de traitement des eaux usées, l'élimination des micropolluants, pour prendre fin en 2030.

Selon l'estimation du devis définitif établi en octobre 2020 par un bureau d'études, les coûts pour l'agrandissement de la station d'épuration de Beggen s'élèvent à 295.314.228,24 euros TTC (Indice 837,53 – avril 2020).

L'État prend en charge :

– 50 % des frais relatifs à la mise en conformité de la station d'épuration existante avec les nouvelles normes de rejet, ainsi que l'extension à 450.000 équivalents-habitants. La participation étatique pour cette part s'élève à 95.809.300 euros TTC, coûts de construction ainsi que des honoraires et études compris.

– 75 % des frais relatifs à la construction d'une quatrième étape de traitement qui s'élèvent à 21.607.581,74 euros TTC, coûts de construction, des honoraires et des études compris.

Il est à noter que la Ville de Luxembourg exécute actuellement des travaux d'un montant de 11.992.928 euros TTC, honoraires compris, qui devra être déduit du montant de participation étatique vu qu'il fait l'objet d'un dossier séparé.

La participation étatique du Fonds pour la gestion de l'eau sera donc de 95.809.300 + 21.607.581 – 11.992.928 = 105.423.953 euros TTC, arrondi à 106 millions d'euros TTC (Indice 837,53 – avril 2020). Suite à la recommandation du Conseil d'État d'adapter l'enveloppe budgétaire en fonction de l'indice des prix à la construction le plus récent, l'indice semestriel des prix à la construction au 1<sup>er</sup> octobre 2021 est introduit dans le texte du projet de loi. La participation étatique autorisée par le projet de loi s'élève dès lors à 117.591.413 d'euros TTC, arrondi à 118 millions d'euros (indice 924,32 – octobre 2021).

Il est retenu par ailleurs une dérogation à l'article 16, lettre b), de la loi modifiée du 8 avril 2018 sur les marchés publics parce que la durée de l'ensemble des travaux concernés peut excéder 10 ans, dépassant ainsi le délai prévu à l'article précité.

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 08/03/2022

Rapporteur : M. François Benoy

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

01/06/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

10/06/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 16/06/2022

Loi du 15 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 374, page 1

## Covid-19 : Dérogations temporaires au Code du travail

**8004 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant 1<sup>er</sup> dérogation temporaire à certaines dispositions en matière de droit du travail en relation avec l'état de crise lié au Covid-19 ; 2<sup>e</sup> modification du Code du travail**

Le présent projet de loi a pour objet de proroger le dispositif actuel de réintégration des prépensionnés dans le secteur de la santé, des laboratoires d'analyses et des aides et des soins.

Certaines entreprises ont été amenées à proposer à leurs anciens salariés en préretraite de reprendre le travail pendant la durée de la crise, et cela en contrepartie d'une rémunération adéquate.

Afin de sécuriser les salariés acceptant une telle proposition de retour temporaire, il avait été dérogé temporairement à l'article L. 585-6 du Code du travail par le règlement grand-ducal du 1<sup>er</sup> avril 2020, en vue de garantir que la rémunération que ces personnes pourraient toucher par l'exécution dudit travail n'ait pas comme conséquence la perte des droits à l'indemnité de préretraite.

Ces mesures ont été prolongées à plusieurs reprises et des adaptations ont été faites afin de réduire le champ d'application de cette dérogation pour qu'elle ne soit pas applicable à l'entièreté des domaines économiques, mais qu'elle se limite plutôt au secteur de la santé en général, au secteur des aides et de soins et aux laboratoires d'analyses médicales. Ainsi, la dérogation initialement limitée à l'état de crise avait été prolongée jusqu'au 31 décembre 2020 par la loi du 20 juin 2020. La dérogation avait encore une fois été prorogée par la loi du 19 décembre 2020 qui a limité le champ d'application du dispositif.

De plus, les salariés ayant travaillé dans un de ces domaines avant de partir en préretraite peuvent, depuis l'entrée en vigueur de cette loi, reprendre une activité salariée

auprès de n'importe quel employeur actif dans le secteur de la santé ou dans le secteur d'aides et soins, ou encore dans un laboratoire d'analyses médicales, pour pouvoir bénéficier de la suspension de l'article L. 585-6, point 5 du Code du travail. Cette dérogation a ensuite été prolongée jusqu'au 31 décembre 2021 par la loi du 30 juin 2021. Au vu du grand nombre d'infections avec le variant Omicron, cette disposition dérogatoire a été prolongée encore une fois jusqu'au 30 juin 2022 par la loi du 16 décembre 2021.

Vu que le manque de personnel qualifié dans les secteurs susmentionnés risque fortement de perdurer, sinon même d'augmenter, pendant les mois à venir, et qu'il importe aussi de pouvoir garantir les temps de repos et de congé au personnel en place, qui est fortement marqué par des mois de travail effectués sous des conditions très difficiles, la nécessité de prolonger le dispositif actuellement en place jusqu'au 31 décembre 2022 s'impose.

De même, il est proposé que la présente loi entre en vigueur le lendemain de la fin de la disposition actuellement en vigueur pour éviter un quelconque vide juridique, c'est-à-dire le 1<sup>er</sup> juillet 2022.

Dépôt par M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 06/05/2022

Rapporteur : M. Dan Kersch

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale (Président : M. Dan Kersch) :

12/05/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

16/06/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 28/06/2022

Loi du 30 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 322, page 1

## Covid-19 : Libre circulation des personnes et immigration

**8018 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 juin 2020 portant introduction de certaines mesures temporaires relatives à l'application de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration**

Vu la pandémie actuelle liée au coronavirus Sars-CoV-2, la recommandation (UE) 2020/912 du Conseil du 30 juin 2020 concernant la restriction temporaire des déplacements non essentiels vers l'UE et la possible levée de cette restriction, et les modifications subséquentes de la recommandation en question, dont la dernière date du 22 février 2022, le projet de loi sous rubrique propose de maintenir certaines restrictions en matière de libre circulation des personnes et d'immigration pour six mois supplémentaires. Ces restrictions concernent les dispositions fixant les délais et conditions dans lesquelles les ressortissants de pays tiers ne peuvent plus entrer sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg. La durée de l'interdiction, les catégories de personnes et les modalités de normalisation sont fixées par règlement grand-ducal. Le projet de loi propose de prolonger ces mesures jusqu'au 31 décembre 2022.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, le 02/06/2022

Rapporteur : M. Yves Cruchten

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

(Président : M. Yves Cruchten) :

13/06/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

16/06/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 28/06/2022

Loi du 30 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 320, page 1



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 09

M. Fernand Etgen, Président

### 2. Changement de composition d'une commission parlementaire ..... p. 09

M. Fernand Etgen, Président

### 3. Interpellation de M. Marc Spautz au sujet des conséquences de la pandémie Covid-19 sur les jeunes ..... p. 09

Exposé : M. Marc Spautz (interventions de M. Fernand Kartheiser et M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse) (dépôt de la motion 1)

Débat : M. Claude Lamberty (dépôt de la motion 2) | Mme Francine Closener | Mme Djuna Bernard | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement (intervention de M. Yves Cruchten) | M. Paul Galles (intervention de M. Roy Reding) (dépôt de la motion 3)

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | M. Paul Galles (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Meisch

Motion 1 : M. Marc Spautz

Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)

Motion 2 : Mme Martine Hansen | M. Claude Lamberty | Mme Martine Hansen | Mme Myriam Cecchetti | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Vote sur la motion 2 (adoptée)

Motion 3 : M. Paul Galles | M. Claude Lamberty (intervention de M. Paul Galles) | Mme Semiray Ahmedova

Vote sur le renvoi de la motion 3 en commission (adopté)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance (intervention de M. Paul Galles) | M. Paul Galles | M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance

### 4. Heure d'actualité de la sensibilité politique Piraten au sujet de la proposition législative de l'UE visant à prévenir et à combattre les abus sexuels sur les enfants en ligne

#### Question élargie n° 149 de M. Laurent Mosar au sujet de la nouvelle proposition législative de la Commission européenne visant à combattre les abus sexuels sur les enfants en ligne ..... p. 26

Exposé : M. Sven Clement (dépôt des motions 1 et 2)

M. Laurent Mosar

Débat : Mme Carole Hartmann | Mme Lydia Mutsch | Mme Stéphanie Empain (dépôt de la motion 3) | M. Roy Reding | Mme Nathalie Oberweis (interventions de M. Roy Reding et M. Sven Clement)

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Motion 1 : Mme Stéphanie Empain | M. Roy Reding | M. Laurent Mosar | M. Sven Clement | Mme Nathalie Oberweis (intervention de Mme Myriam Cecchetti) | Mme Stéphanie Empain (intervention de M. Sven Clement)

Vote sur la motion 1 (rejetée)

M. Laurent Mosar | M. Sven Clement | M. Fernand Kartheiser

Motion 3 : M. Laurent Mosar

Vote sur la motion 3 (adoptée)

Motion 2 : Mme Stéphanie Empain | M. Mars Di Bartolomeo | M. Laurent Mosar

Vote sur la motion 2 modifiée (adoptée)

### 5. 7950 – Projet de loi relatif au financement de l'action SuperDrecks-Këscht ..... p. 34

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire : M. François Benoy

Discussion générale : M. Gilles Roth (interventions de M. Dan Kersch et Mme Simone Asselborn-Bintz) (dépôt de la motion 1 et de la résolution 1) | M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | Mme Stéphanie Empain (interventions de M. Marc Goergen) | M. Fred Keup (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) (dépôt de la motion 2) | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen (intervention de M. Sven Clement) (dépôt des motions 3 et 4)

Prise de position du Gouvernement : Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | M. Sven Clement (parole après ministre) | Mme la Ministre Joëlle Welfring

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7950 et dispense du second vote constitutionnel

Motion 1 : M. Gilles Roth | M. François Benoy | M. Marc Goergen | Mme Myriam Cecchetti

Vote sur la motion 1 (rejetée)

Motion 3 : M. Marc Goergen

Vote sur la motion 3 (rejetée)

Motion 2 : M. François Benoy | M. Marc Goergen (intervention de M. Sven Clement) | M. Fred Keup

Vote sur la motion 2 (rejetée)

Vote sur la motion 4 (rejetée)

Résolution 1 : M. Gilles Roth | M. François Benoy | M. Marc Goergen (interventions de M. Sven Clement et Mme Myriam Cecchetti) | M. Fred Keup (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | M. Sven Clement | Mme Myriam Cecchetti (intervention de Mme Nathalie Oberweis) | M. Yves Cruchten | M. Dan Kersch | Mme Lydie Polfer | M. Gilles Roth (interventions de Mme Lydie Polfer) | M. Sven Clement | M. Mars Di Bartolomeo | M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | Mme Nathalie Oberweis (intervention de M. Sven Clement)

Vote sur la résolution 1 (rejetée)

### 6. 7973 – Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension de la station d'épuration de Luxembourg-Beggen ..... p. 54

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire : M. François Benoy (interventions de Mme Lydie Polfer et Mme Octavie Modert)

Discussion générale : M. Aly Kaes | M. Gusty Graas (interventions de Mme Octavie Modert, Mme Lydie Polfer et M. Sven Clement) | M. Carlo Weber | M. Fred Keup (intervention de Mme Lydie Polfer) | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen (intervention de Mme Lydie Polfer)

Prise de position du Gouvernement : Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7973 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Claude Meisch, Mme Sam Tanson et Mme Joëlle Welfring, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Nee, Här President.

## 2. Changement de composition d'une commission parlementaire

**M. Fernand Etgen**, Président | Wat d'Zusammensetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt, hunn ech follgend Ofännerung vun der DP-Fraktioun matgedeelt kritt: An der Commission des Finances et du Budget ersetzt den Här Max Hahn den Här Gilles Baum.

Gëtt et iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

(Négation)

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass.

Ass d'Chamber mat dëser Ännerung averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 3. Interpellation de M. Marc Spautz au sujet des conséquences de la pandémie Covid-19 sur les jeunes

Op eisem Ordre du jour vun de Mëtten ass d'Interpellatioun vum Här Marc Spautz iwwert d'Auswierkunge vun der Covid-19-Pandemie op d'Jugend. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Claude Lamberty, d'Madamm Francine Closener, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorablen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**M. Marc Spautz** (CSV), interpellateur | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de 14. Mee 2021, dat sinn ee Joer, ee Mount an een Dag – nee pardon, 2 Deeg –, hat ech dës Interpellatioun hei ugefrot, ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dann ass et séier gaangen!

**M. Marc Spautz** (CSV), interpellateur | ... well et dunn drëm gaangen ass, well dat jo am Fong an der Coronakris war – och wa mer allegueren wëssen, dass de Virus nach net fort ass, au contraire erëm an d'Luucht gaangen ass –, dass ech schonn deemools wollt iwwert déi Thematik hei schwätzen. Du war se nach méi aktuell, wéi se haut ass, an dofir muss ech awer soen, dass dat e bësse rekordverdächtig ass. Mee d'Madamm hei huet mer elo grad gesot, jo, et hätt nach méi laang gedauert wéi ee Joer, e Mount an zwee Deeg!

Mee ech mengen, mir missten och do vläicht kucken, dass mer et fäerdegbréngen – mee dat ass net un den Här Minister, dat ass un den Här President geriicht –, dass mer do en anere Modus kréien, fir dass mer déi Saachen, wou d'Deputéiert Initiativen huelen, vläicht éischter kënne behandelen.

Am Virfeld vun der Demande deemools hat ech mech mat Jonke getraff, an och mat manner Jonken. Ech hat Entrevuen. Ech hunn Etüde consultéiert vun den Nopeschlänner. Ech hat och Diskussiounen iwwert déi

verschidden Institutiounen hei am Land, déi mat de Jugendlechen ze dinn hunn.

An ech wéilt och emol virun allem allegueren deene Leit villmools Merci soen. An ech wéilt och allegueren deene Leit Merci soen, déi sech ganz intensiv mat de Jugendleche beschäftegt hunn, deenen Organisatiounen, déi sech ëm hir Problemer an hir Interesse bekëmmere, de Jugendmouvementer an de Jugendorganisatiounen, well och fir si war et keng einfach Situatioun, d'Situatioun vum Covid. An et war och fir si net einfach, zesumme mat deene Jugendlechen déi néideg Diskussiounen ze féieren, déi wichteg sinn.

2021, wéi ech d'Demande gemaach hunn, hat ee jo kuerzzäiteg d'Gefill, mir géifen an eng besser, an eng méi normal Phas erakommen, mee dat war och nëmmen e kuerze Moment. Duerno si mer erëm vun der Realitéit ... net iwwerrascht ginn, mee do ass d'Realiteit op eis zrëckkomm.

Fir vill Jugendlecher ware Mee, Juni d'lescht Joer e Punkt vun Hoffnung, dass et erëm géif an en neie Rhythmus erakommen, soudass déi Leit eng Hoffnung haten, dass si erëm an hiren ale Rhythmus kéinten zrëckkommen.

Zu menger Jugendzäit – an ech huelen un, et si jo nach Kolleegen heibannen, déi zu där Generatioun gehéieren – huet et geheescht: „Genéiss d'Jugend an ameséier dech!“ Dës Kéier war de Slogan: „Bleif doheem, bleif dobannen, da geschitt der näischt!“ An ech mengen, dass dat fir vill Jugendlecher e Problem war an dass dat och fir si plazeweis Problemer duergestallt huet.

Vill vun hinnen hu gelidden, psychesch a sozial. Et sinn der, déi hate suicidaire Gedanken, a leider sinn der och, déi dat ëmgasat hunn. Alles dat si Problemer, déi net d'Responsabilitéit si vun iergendengem vun eis heibannen am Haus, mee dat si Problemer, déi mir awer mussen als Politiker diskutéieren, wou mir als Politiker Weeër musse sichen, wéi mer deene Leit kënnen hëllef.

Déi Jugendleche hunn alles gemaach an hunn am Ufank alles richtig gemaach. Si sinn doheembliwwen. Si sinn op Distanz gaange vis-à-vis vun hire Grousselteren, well hir Grousselteren déi vulnerabel Generatioun waren, well se Angscht haten, déi unzestiechen. Dat war net gutt fir si, dat war och net ëmmer onbedéngt gutt fir d'Grousselteren, déi awer hir Enkelkanner vermësst hunn. A si sinn och deelweis op Distanz gaangen zu hire Frënn, well och do war gewosst, ee kann deen aneren ustiechen. An och vill Mënschenusammlunge waren eng Zäitche komplett verbueden, an och duerno war et nach stëlleweis a momenterweis, dass et och net méiglech war, ze vill zesummenzekommen.

Dat war fir si e schwéiere Moment – net nëmme fir si, et war och ee fir eis, mee fir déi Jonk war et duebel esou schlëmm. Si hate keng gesellschaftlech Bedeelegung méi, keng gesellschaftlech Bedeelegung, wou se sech konnten abréngen, wou se konnte matmaachen. Et ass d'Diskussioun vum Matsproocherecht, d'Matsproocherecht bei: Wat sinn dann elo déi Decisiounen, déi mer huelen? Wat maache mer zu dësem Moment? A wat sinn déi richteg Precautiounen, déi solle geholl ginn?

Wat waren hir Zukunftsperspektiven? Et wousst kee Mënsch, wou et géif higoen. Wat war d'Diskussioun no baussen? Plazeweis – an ech soen dat och, dat war net heibannen –, mee plazeweis ass geschwat gi vun der „Coronageneratioun“ a vum „Corona-Bac“. A Corona-Bac – ech mengen, de Minister wäert herno sécher drop agoen –, dat war jo net nëmmen hei zu Lëtzebuerg eng Diskussioun, mee och an anere Länner, wou et eng aner Method war fir ze léieren, wou et och eng aner Method war, fir den Examen ze maachen.

A wa mir et och hei zu Lëtzebuerg vläicht fäerdegbruecht hunn, dass dat elo manner op d'héich Kant geluecht gëtt, stellen déi Jugendleche awer fest, déi elo de Choix gemaach hunn, an d'Ausland hire Wee fortsetzen ze goen, dass se do awer déi Saach zimmlech oft ënnert d'Nues geriwwen kréien. An et war net hir Schold! Et war och net eis Schold, mee dat ass d'Realiteit, déi sech do gebilt huet.

Wéi ech mat där Interpellatioun hei ugefaangen hunn, hat ech Iech gesot, sinn ech och op verschidden Entrevuë gaangen, ech sinn op verschidde Versammlunge gaangen an ech hat mech och beschäftegt mat enger Etüd a war op Frankfurt bei d'Goethe-Universität, déi déi Etüd gemaach hunn iwwer allegueren déi Saachen, déi an der Coronazäit geschitt si mat de Jugendlechen. Et ass eng Etüd vun iwwer 80 Säiten, wou se och mat deene Jugendleche geschwat hunn, wat hinnen alles passéiert ass an där Zäit a wat si alles an där Zäit erlieft hunn.

An dee gréisste „Virwurf“, ënner Guillemeten, un d'Adress vun der Politik ... Ech wéilt nach eng Kéier ënnersträichen, déi Zuelen, déi ech hei hunn, si keng Lëtzeburger Zuelen, mee dat sinn Zuelen aus dem Bundesland Hessen, aus Däitschland. Mee ech ka mer net virstellen, dass ganz grouss Ënnerscheeder wieren, mee den Här Minister kann do vläicht herno drop agoen. Et haten d'Gefill, dass d'Politik an d'Gesellschaft net géifen op si lauscheren: 23,6 %; déi waren där Meenung, dat wier 100%eg richtig, well et hätt kee Mënsch mat hinnen iwwer alles geschwat. 21,8 % hu fonnt, dat wier deelweis richtig, an 29 % waren där Meenung deels, deels. Dat heescht, et waren nach just herno 20 % iwweregblíwwen, déi gefillt hunn, dass si och agebonne waren an all déi Diskussiounen, déi komm sinn.

Den Term war: D'Situatioun vun de jonke Leit interesséiert d'Politiker net. Jonk Mënschen hu keng Geleeënheet, hir Iddien an der Politik anzubringen. Jonk Mënsche kënne keng politesch Entscheedunge beaflossen. D'Suerge vun deene Jonke ginn an der Politik manner gehéiert. An an de Medie gëtt ëmmer en negatiivt Bild vun de Jugendleche gezechent. D'Politik huet en negatiivt Bild vun der Jugend. Dat sinn net Saachen, déi ech gesot hunn, dat si Saachen, déi deemools an där Etüd erauskomm sinn.

Ech wéilt zwar ënnersträichen, dass mer hei zu Lëtzebuerg e Jugendparlament hunn, dass mer hei zu Lëtzebuerg e Jugendrot hunn, wou och reegelméisseg mat deenen hire Vertrieeder, plazeweis hire gewielte Vertrieeder, plazeweis hiren ernannte Vertrieeder, en Austausch stattfënn. Mee ob dat deen Austausch ass, deen déi grouss Mass vun hinne gesäit, och do ass et änlech wéi bei eis: Et sinn der e puer, déi hei sinn, an et sinn der awer vill, déi mat de Konsequenze vun deem, wat decidéiert gëtt, musse liewen.

An do ass d'Fro, an dat ass och hei aus deem Bericht ervirgaangen, dass et wichteg ass, do d'Jugend matanzubannen. D'Jugend ass eis Zukunft, d'Jugend muss Perspektiven hu fir hir Zukunft. A si brauchen och selwer eng Zukunft, wou se wëssen, wou et hiegt a wat si wëllen a kënnen an hirem Liewen nach erreechen.

Et ass och wichteg, an dat wier en Appell, deen ech un de Minister géif maache respektiv un d'Regierung, dass een och vläicht hei zu Lëtzebuerg esou eng Etüd géif an Opdrag ginn. Ech weess, dass de Ministère reegelméisseg Joresberichter mécht, dass de Ministère och reegelméisseg Bilane mécht mat dem Jugendparlament a mam Jugendrot. Mee ech géif mengen, dass et och hei interessant wier, vläicht méi an den Detail ze goen. Hei si Sondagë gemaach ginn, wou e puer Dausend Leit mat drun deelgeholl hunn. Ob dat net och méiglech wier, dass mer dat



kéinte maachen, fir och d'Leit do kënnen nach méi a méi intensiv matanzebannen? Well do ass nämlech d'Méiglechkeet ...

*(Interruptions)*

Här Minister, wollt Der eng Fro stellen?

*(Interruption par la présidence)*

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech denken, datt ech herno d'Geleeënheet kréien, ...

**M. Marc Spautz** (CSV), interpellateur | A, ok! Mee ech hunn awer och kee Problem, wann Der mer eng Fro wëllt stellen.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Et ass iwwerhaapt kee Problem.

**M. Marc Spautz** (CSV), interpellateur | Wichteg ass et, dass gefuerscht gëtt, wéi d'Reaktiounen an der Isolatioun waren, wéi si mat der Impfung eens gi sinn an net eens gi sinn. Déi eng hate Problemer duerch d'Impfung, déi aner hate Problemer an Angscht virun der Impfung; dass et och do wichteg ass, dass een déi Diskussioun mat hinne féiert. Well mir hunn op engem aneren Dossier alles probéiert zesummen, fir dass esou vill Leit wéi méiglech sech impfe loosson, an do waren och Barriären. Do ware Barriären, wou et och wichteg wier erauszefannen, firwat déi Retizienz war, firwat déi Begeeschterung net esou grouss war, wéi se elo ass. Och dat si Sujeten, déi een an esou enger Diskussioun kann traitéieren.

Et ass d'Diskussioun: Wéi ass et mat hirer Vereinsamung? Verschiddener vun hinne sinn – entschëllegt dee graffen Ausdrock „Vereinsamung“ – sech verluer virkomm. Si ware verluer, well se kee Kontakt méi hate mat hire Kolleeginnen a Kolleegen, well se kee Kontakt méi hate mam Rescht vun der Famill, well do eeben déi Isolatioun war.

Dann ass et d'Fro: Wéi ass et mam Homeschooling? Wéi hu se den Homeschooling ugehooll? A wéi ass et mam Homeoffice? Bei deenen enge war et méi Homeschooling, bei deenen anere war et awer och schonn, dass se am Homeoffice hu misse schaffen. Wat huet dat mat hinne gemaach? Och do hunn ech an där Etüd, wéi ech soen, ganz ënnerschiddlech Saache gelies, wou do och Leit ganz ënnerschiddlech drop reagéiert hunn.

Dann ass d'Fro hei zu Lëtzebuerg – a meng Kolleegin Françoise Hetto an de Serge Wilmes hate jo schonn eng Kéier mam Minister hei eng Interpellatioun iwwert d'Wuel vum Kand an d'Kandswuel an ech mengen, dass mer do och scho verschidde Sujeten ugeschwat hunn –: Mee wéi hunn d'Schüler sech gefillt an där ganzer Situatioun? Wat huet dat bedeit fir d'Léierbouwen an d'Léiermeedercher? Wat huet dat bedeit fir d'Studenten a virun allem fir déi Jonk um Aarbechtsmaart? Wéi si se mat där Situatioun eens ginn? Dat wier am Detail och do ze kucken, wat dat fir déi Leit bedeit.

An der Schoul a beim Studenteliewen hate se staatlech Servicier, déi der Schoul an de Ministère ënnerstallt sinn, op déi se konnten zrëckgräifen. Mee wéi war et mat deene Jonken, déi um Aarbechtsmaart sinn? Déi Jonk, déi um Aarbechtsmaart waren, hate kee SPOS, hate kee SNAS, wou se op déi Diskussiounen konnten zrëckgräifen, a vill vun hinnen hate Problemer, an där Situatioun eens ze ginn.

Wéi ass et mat hire Gefiller? Wéi kann ee seng Gefiller geréieren, wann s de op eemol eleng dosëtzt an do weess net méi, wéi s de dāi Liewe solls gestalten a wéi s de deng Zäit solls erëmkreien? Well vill vun hinnen, déi Zäit, wéi komplett zou war, wousste jo net, wat se do sollte maachen. Wat bedeit dat am Alldag?

Wat bedeit dat während a fir d'Schoul? Wéi ass et mat de Schoulofbriecher? D'Zuel vun de Schoulofbriecher während der Coronakris, wou si mer do hikomm? A wat ass dat, wat bedeit dat? Wéi sinn déi Schoulofbriecher opgefaange ginn? Wat fir eng Méiglechkeeten hu mer mat deene Schoulofbriecher, fir se direkt un der Wuerzel ze huelen (veuillez lire: fir de Problem direkt un der Wuerzel ze paken), wa se d'Decisioun bis geholl hunn, wa se d'Schoul ofgebrach hunn, fir hinnen da kënnen ze hëllefen an nei Weeër opzeweisen?

Jo, si kréien an der Schoul gesot, wat fir eng Méiglechkeeten nach bestinn, wa se déi Decisioun bis geholl hunn! Mee dat heescht awer net automatesch, dass do och e Suivi gemaach gëtt. Wéi kann een déi Leit betrieien? Wéi kann een déi Leit betrieien, andeem dass ee mat hinne kann diskutéieren, dass se zréck an d'Schoul ginn, respektiv hinne soen, wou een och da kann – wat mer jo och am Kannerberäich kennen – eng nonformal Ausbildung maachen?

Do gëtt et jo Pilotprojeten a verschiddene Jugendhaiser, fir mat hinnen zesummen ze kucken: Wat ass dat, wat ass eng Reegelméissegkeet? Wat sinn déi einfachst Mëttele vun der Educatioun? Wat kann ech maachen, fir pünktlech ze sinn? Wat kann ech maachen, fir Interesse geweckt ze kréien op verschiddene Punkten? Dass een och esou Projete weider ënnerstëtzt an dass mer do och d'Méiglechkeet schafen, dass d'Informatioun vun de Schoulofbriecher vill méi séier, ech wëll net soen, gekläert ass, mee dass vill méi séier den Drot gezu gëtt, wou se d'Méiglechkeet hunn, wuer se sech kënnen hiwennen.

Wat ass geschitt bei Sport a Beweegung? Och do wësse mer, dass der ganz vill vun hinnen, déi gäre Sport gemaach hunn ... Wann et eng Individualsportart war, hate se och d'Méiglechkeet beim Corona, sech nach ze engagéieren, mee ...

*(Interruption)*

Ech hat gesot, bei der „Individualsportart“. Bei de Mannschaftssportarten wat dat vill méi schwierig, fir dat nach kënnen ze maachen.

A wat fir eng Konsequenzen huet dat souwuel fir de Sportsberäich u sech, wéi et weidergeet mat de jee-weilege Kompetitiounen, wéi et weidergeet mat de jee-weilegen Ekippen, awer wat fir eng Konsequenzen huet dat och op déi Jugendlech selwer, déi eng Decisioun haten, Sport ze dreiwien, sief et individuell, sief et an enger Mannschaftssportart? Wat ass do déi zwee Joer laang verluer gaangen?

Dee selwechte Beräich kann een huele bei Musek a Kultur. Och do waren et fir d'Museksveräiner an d'Kulturveräiner zwee Joer, wou näischt gelaf ass. Och dat huet bei der Jugend eppes bewierkt. Dat huet och eppes bewierkt am kulturelle Liewen. An ech mengen, och do wier et wichteg, mat hinnen ze schwätzen iwwer – net dat, wat mir gesinn, wéi ech et gesinn oder wéi en aneren heibannen et gesäit –, mee wierklech, wéi si et selwer gesinn, wat do gutt gelaf ass a wat schlecht gelaf ass.

Wéi ass et an der Jugendarbecht an an de Jugendhaiser gewiescht, an de Jugendorganisatiounen? Do sinn der vill, déi hu weider hir Aarbecht oprechterhalen, esou gutt wéi et gaangen ass. Mee och fir si war et en anert Ëmfeld, eng aner Aart a Weis, fir kënnen op d'Jugend zouzuegoen a fir och mat der Jugend ze diskutéieren a mat hinnen ze kucken, wéi se d'Jugend kënnen bei der Staang halen, fir och do kënnen déi néideg Punkten ze maachen.

Wéi war et um Aarbechtsmaart? Mir stelle fest – ech wëll awer do elo keng Verbindung herstellen –, dass um Aarbechtsmaart esou vill Leit gesicht gi wéi scho

laang net méi, a mat bestëmmte Qualifikatiounen, a mir fanne keng. Wat fir eng Auswierkungen huet dat? Huet dat och mat deem ganze Kontext ze di fir verschidde Leit, fir och do ze kucken, fir se um Aarbechtsmaart ënnerdaach ze bréngen? Wa mer soss gejaut hunn: „Mir hunn ze vill eng héich Jugendarbeitslosigkeit! Si fanne keng Plaz!“, an: „Mir hunn net déi richteg Leit!“, oder: „Mir hunn net déi richteg Aarbechtsplazen!“, si mer dës Kéier an enger Situatioun, wou et genau ëmgedrëit ass, wou méi Aarbechtsplazen do sinn a mer d'Leit net méi hunn, fir se ze besetzen. Och dat ass eng Diskussioun, wann Der mat de Jugendleche schwätzt: „A, dat huet kee mer am Ufank gesot!“

Mee ech kommen do op eppes zréck, wat ech och schonn op enger anerer Plaz gesot hunn. Ech mengen, u verschiddene Punkten ass een och ëmmer nëmmen interesséiert, wann ee selwer concernéiert ass. An dee Moment, wann een net selwer concernéiert ass, interesséiert dat ee manner.

Ech hat dat déi lescht Woch an enger Etüd gesot, déi an der Familljekommissioun virgestallt ginn ass, well och do huet ee festgestallt, dass d'Kommunikatioun zwar gemaach gëtt vu staatlecher Säit, mee dass ganz vill Leit, déi betraff sinn, soen: „Mir woussten näischt dovun.“ A wa se da bis betraff sinn, hätt se awer gär, dass et a 24 Stonne gekläert wier, wa méiglech scho retroaktiv. An ech mengen, dass et och do wichteg ass, mat hinnen déi Diskussiounen ze féieren, wéi een dat kann aneschtens ugoen a wéi ee si och besser kann abannen.

Et ass dat selwecht, wéi et och duerno méi labber ginn ass, also wéi d'Reegelen net méi gradesou strikt waren, esou an der Hallschent vun all deene Mesuren, déi mer hu missen huelen: dass d'Offer och net méi déi selwecht ass, obwuel se elo d'Méiglechkeet hunn, erëm sportlech aktiv ze sinn, erëm kulturell aktiv ze sinn. Et ass en anert Kulturliwien, et ass en anert sportlecht Liewe wéi virdrun!

An et sinn der och manner, déi nach aktiv sinn, op alle Fall laut deenen Zuelen, déi ech, awer dann dës Kéier vu Lëtzebuerg Säit, hunn. Et sinn der manner, déi de Moment engagéiert sinn an de Sports- a Kulturveräiner, wéi dat virun der Kris de Fall war. A ganz vill, souwuel Sportsfederatiounen wéi och déi aus dem kulturelle Beräich, hoffen der elo op d'Rentrée, wann d'Schoul erëm ugeet, fir do erëm en neie Rekrutement kënnen ze maachen, fir dass se och erëm eng Kéier op deen Niveau, wéi dat virun 2020 war, zréckkommen.

Dat selwecht gëllt: Vill vun hinne sinn der och méi reitizent, obwuel et opgehewen ass, obwuel de Gros vun de Mesuren zréckgefouert ginn ass. Si hunn Angscht virum Virus, well se net wëssen, wéi se mat deem Virus sollen eens ginn a wéi se sech mat deem Virus kënnen beschäftegen. An et sinn der, déi géifen och gäre goen, déi hu manner Angscht virum Virus, mee do sinn et dann d'Elteren, do ass et dann d'Famill, déi Angscht huet virum Virus an déi seet: „Nee, op déi dote Plaze gees du nach net, well op deenen dote Plaze sinn awer ze vill Leit an op deenen dote Plaze weess de net, mat wat fir enge Leit dass de dech ëmgëss. Net dass de erëmkënn an du bréngs eis de Virus mat.“

Wéi war et mat hirer psychescher Belaaschtung während der Coronazäit? Déi eng si besser domat eens ginn, anerer si manner gutt domadder eens ginn. Dat huet och domat ze dinn: Wat ass d'Hierkonft? Wéi ass d'Wunnsituatioun? Ech hu selwer e bësse méi Jonker bei mir gehat, déi zwar net méi doheem gewunnt hunn, mee déi souzen op engem Appartement. A wann et dann drëm gaangen ass: „Wat kann ech dann elo maachen?“, da si se alt bei eis an de Gaart komm, well do war méi Plaz, do konnt ee seng Disztanzen anhalen.

Mee net jiddwereen huet déi Méiglechkeet. An ech mengen, dass dat och e Problem war, deemno wou d'Leit gewunnt hunn, ob se sech konnten, wéi déi éischt Lackeringe komm sinn, zesummen treffen. Deen um Appartement souz hat méi Schwierigkeete wéi deen, deen en Haus mat engem grouss Gaart hat. An do spillt dann och déi sozial Situatioun u sech mat. Déi, déi e bësse méi aus bessere Verhältnissen kommen, do war d'Chance éischer méi grouss, dass de Gaart do war an dass se eng Méiglechkeet haten, sech do och mat Kolleeginnen a Kolleegen ze treffen, wéi bei deenen, déi a Sozialwunnenge sëtzen, wou awer d'Situatioun e bësse méi ageengt ass.

Wéi ass et mat hirer Belaaschtung? Dat heescht déi Belaaschtung: Wat hu se doheem erlieft? Wann do verschidde Leit am Homeoffice waren an et war een dann op eemol, wou ee sech soss moies beim Kaffi an nach vläicht owes virum Schlofegoe gesinn huet, et war een op eemol de ganzen Dag iwwer zesummen.

An do wëll ech och op eppes agoen, wat och d'Europäesch Kommissioun ënnerstrach huet, an ech mengen, och meng Kolleegin Nancy Arendt hat heibanne schonn eng Kéier d'Diskussioun gefouert: Dat ass dat mat de sexuellen Abusen, wou och festgestallt ginn ass, dass an der Coronazäit do vill méi grouss Probleemer entstanen sinn.

An d'Europäesch Kommissioun huet net méi spéit wéi de leschte Mëttwoch, nee pardon, net leschte Mëttwoch, net dass ech elo eng Dommheet soen, den 11. Mee nach eng Kéier eppes Neits erausginn, eng nei Statistik, wou se matgedeelt huet, wat an Europa geschitt ass, wéi vill Biller – vun der Sexualitéit hier – vu Kanner se fonnt hunn a Videoe fonnt hunn an den internationale Reseauen, wéi vill Fäll gemellt gi si bei Kannermissbrauch, an och, wéi vill Saache fonnt gi si bei Cybermobbing a Cybergrooming.

Dat sinn och alles Saachen, déi eis sollen ze denke ginn. An ech mengen – ech hat d'Nancy genannt –, et si jo och nach anerer, déi doriwwer geschwat hunn. A mir hunn net méi spéit wéi haut de Mëtten nach eng Kéier eng Diskussioun heibannen driwwer, wa mer deen heite Punkt ofgeschloss hunn, wat mer do alles kënne maachen.

Och dat belaascht eis Jugend, och dat belaascht net nëmmen dee Beträffenen! Fir deen ass et ganz schlëmm, mee och nach fir deem säi Kolleeg a säi Frënd, deem en et dann erzielt, deem e sech uvertraut, wann e sech engem uvertraut, well se dann alleguerten net méi wëssen, wat se solle maachen a wéi se domat sollen ëmgoen, an dann Angscht hunn, fir mat engem doriwwer ze schwätzen, a sech dann nach méi zoumaachen, amplaz de Contraire ze erliewen. Mee et ass a menger Positioun hei ëmmer méi einfach gesot wéi gemaach, dass se driwwer diskutieren a soen, wat do geschitt ass a wat do lass ass.

Wat ass mat deene geschitt, déi Stagen a Praktikum wollten a Betriber maachen an d'Betriber hu se net méi gewollt? Dat hat näischt mat hinne selwer ze dinn. Déi eng hunn dat verstanen, déi aner net. Déi hu sech gewonnert: Firwat ass ëmmer een an de Stage geholl ginn oder an de Praktikum, an elo net? Dat sinn alles Punkten, déi feelen. Dat feelt hinnen op hirem Wee, well si och net wëssen, wat dat bedeit, e Stage ze maachen, e Praktikum.

Wat ass mat deene Schüler, mat deene Studente geschitt, déi Auslandsjore sollte maachen, wou déi Auslandsjoren net konnte stattfannen, wou deen Austausch – wat awer fir anerer eng ganz Erfahrung war, wou dat eng grouss Erausforderung war, wann s de kanns en Auslandssemester maachen – do ewechgefall ass?

Dat sinn alles Saachen, wou ech weess, d'Zäit kann een net zrëckdréien, d'Auer, a soen: „Elo dréie mer d'Auer zwee Joer zrëck an dann ass alles anescht an da kënnen déi dat nohuelen.“ Mee dat sinn awer Punkten an Diskussiounen, déi ee bei hinne feststellt, wann ee mat hinnen driwwer schwätzt.

An et ass och elo, nodeem mer an der Ouverture sinn ... An ech hoffen, dass de Rapportier, den Dauer-rapporteur, bei deem nächste Projet eis och positiv Zuele ka virstelle fir all déi Ouverturen, déi mer nach wëllen hunn. Obwuel déi lescht Informatiounen net grad déi allerbescht sinn! Wat ass elo alles anescht fir si? Et ass: Dat Liewen, wat se virun der Kris kannt hunn, an dat Liewe vun elo, dat ass net dat selwecht a wäert och sécherlech net dat selwecht sinn, an dat vu Corona ass nach net eriwuer.

An da kënt eppes, wou och kee vun eis derfir kann, dat ass déi Diskussioun ëm de Krich. An dat ass déi Diskussioun – an dat beschäftegt si och ganz staark – iwwert déi sozial Problemer, déi amgaange sinn ze entstoen, wou mer alleguerten heibanne wëssen, dass och mat all deenen Hëlfe, déi mer decidéiert hunn, do verschidde Leit méi dovun betraff sinn, anerer manner dovun betraff sinn. Och dat werft bei hinne vill Froen op. An och doriwwer stelle si sech vill Froen, wéi et virugeet.

Et ass och déi Diskussioun – an dat muss ech awer soen, dat ass awer positiv opgehooll ginn, op alle Fall bei deene Jugendlechen, déi ech getraff hunn – iwwert d'Entwécklung vun der Digitaliséierung. Si hunn elo emol matkritt, dass och mir – also meng Generatioun, ech soen et léiwier esou, an och nach déi driwwer – matkritt hunn, wat d'Digitaliséierung ass a wat alles méiglech ass, vu Webex-Konferenzen iwwer Zoom, wat een do alles ka maachen an dass een do och d'Méiglechkeet huet, mat de Kolleegen sech auszetauschen. D'Drëcken an alles feelt zwar nach, mee och dat, dass dee Punkt besteet, ech mengen, dat ass och eng Diskussioun, déi awer bei hinnen dann e bësse méi ..., och wann eppes méi Positives ass, fir dat ze kucken.

Dann ass en anere Punkt, dat ass dee vun de Berufs-biller, wou se och do soen, wann Der mat hinne schwätzt: „Jo, et ass engem elo emol bewosst ginn, dass et och aner Berufsbiller gëtt wéi déi, déi mer ëmmer kannt hunn.“ Ech mengen elo net nëmmen d'Gesondheetspersonal, wat se kannt hunn, mee och déi aner Beruffer, iwwert déi jo vill geschwat ginn ass an déi et fäerdegbruecht hunn, eis Ekonomie um Rullen ze halen, wou se och do soen: „A, et ass ee sech awer elo bewosst ginn, dass e Buschauffeur och eppes ass, wat ee brauch.“ An et ass ee sech och bewosst ginn, wann een déi Leit net hätt, déi am Botz-sektor schaffen, dass et dann och vill méi schwierig gewiescht wier, d'Situatioun ze meescheren. Ech mengen, och dat ass eppes, wann Der mat hinne schwätzt, wat hinnen awer bewosst ginn ass, dass dat eng ganz aner Situatioun ginn ass.

An e leschte Punkt, dat ass dee vum Gesondheetsbewosstsäin, dass och am Gesondheetsbewosstsäin eng aner Opfaassung komm ass, wou ee virdrun dat alles e bësse méi labber geholl huet, wou se sech do och bewosst gi sinn, wat alles nach kann op si zoukommen a wat och alles ka geschéien.

Ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer zesummen – an ech mengen hei d'Politik zesumme mat deene Jonken – Etappe wäerten unhuelen, fir hinnen ze hëllefen, dass si och d'Méiglechkeet hunn, hir Jugend an hir Zukunft ze gestalten. Ech mengen, dass dat ënnerschiddlech ass, deemno wat fir eng sozial Hierkonft dass de hues. Do stelle sech Problemer: Wéi ass et herno mam Wunnen? Wéi ass et herno mam Liewen? Wéi kann ech mer mäi Liewensënnerhalt

séchere mat där Entwécklung, déi ass? Och doriwwer muss ee mat hinnen diskutieren.

Corona ass fir si net nëmmen eng Etapp am Liewen, mee Corona ass fir si e Meilesteen an hirem Liewen a si stiechen déi 18 Méint oder zwee Joer, oder wéi laang et och nach wäert ginn, net esou ewech wéi Verschiddener, déi dann e bësse méi am gestanen Alter sinn, déi dat aneschtens opheulen. Et ass och wichteg, dass een do oppasst op hir Hierkonft, hire soziale Background, well och dat huet eng ganz grouss Roll gespillt, an dass mer och do zesumme mat hinnen déi Entscheedungen huelen, déi noutwendeg sinn.

A wa mer e „Quality of Work Index“ hu bei deene Leit, déi schaffe ginn, solle mer och emol vläicht driwwer nodenken, ob mer do net och e „Quality of Life Index“ sollten installéiere fir ze kucken, wéi si sech do erëmfannen a wat si do alles kënne maachen.

Ech mengen – fir nach eng Kéier op déi lescht Punkten zrëckzekommen, wat ech elo an deene leschte Minutte gesot hunn –, dass et fir eis wichteg ass, dass mer Hëlfe gi fir alleguerten déi vun hinnen, déi psychesch Behandlungen brauchen. Dat bedeit och – an dat weess ech, dass dat net de Jugendminister ass –, dass mer eng Tarifstruktur kréien, fir dass déi Consultatiounen kënnen en charge geholl ginn. Dat ass eppes, wat mir scho ganz laang diskutieren, dass déi Leit och Tariffer misste kréien, fir dass se déi Saache kënne rembourseren kréien.

Wichteg ass och, dass mer diskutieren iwwer eng „life balance“ bei de Jugendlechen, dass mer d'Schoulofbrieche éischer kënnen opfänken an hinne mat Rot an Dot zur Sait stoen, fir hinnen dann awer ze hëllefen, op en anere Wee oder op e Retour-wee ze kommen, an dass mer och net vergiessen, iwwer sexuell Abuse méi Opklärung ze maachen an och do hinnen ze soen, dass et wichteg ass, dass se sech verschiddene Leit roueg kënnen uvertrauen, fir dass do och eppes ka geschéien. Well et ass dat, wat mer brauchen, fir dass och si d'Vertrauen zrëckkréien an d'Gesellschaft an dass mer och mat hinnen zesummen dee Wee kënne goen.

A well ech dat elo net nëmmen einfach wollt gesot hunn, erlaben ech mer, Här President, Iech eng Motioun ze ginn, wou mer op déi Punkten nach eng Kéier zrëckkommen a wou ech frou wier, wa mer herno eng Diskussioun driwwer krite, mee doriwwer eraus och zesummen déi Decisiounen kéinten huelen, déi am Interêt si vun deene Jonken an déi och am Interêt si vun eiser Zukunft, well d'Jugend ass eis Zukunft an eis Zukunft solle mer zesumme gestalten.

Villmools merci!

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*– sachant qu'avec la pandémie, et ses conséquences économiques et sociales, augmentait aussi le stress chez les jeunes ;*

*– constatant que pour les jeunes les plus vulnérables, cette situation de stress accru ou cumulé est un facteur de risque pour l'émergence ou la rechute de troubles psychiques ;*

*– notant que la crise s'est aussi transformée en choc pour l'économie et le marché du travail, affectant non seulement l'offre mais aussi la demande, ainsi que le recrutement sur le marché du travail ;*

*– sachant que suite à toutes ces tendances négatives, les jeunes doivent faire face à une grande variété de défis qu'ils ne peuvent pas maîtriser seuls,*

*invite le Gouvernement*



– à dresser un inventaire rapide des problèmes avec lesquels les jeunes ont été confrontés voire sont actuellement confrontés suite à la crise du Covid-19 et ses conséquences à long terme ;

– à procurer des réponses politiques rapides et coordonnées pour encadrer et soutenir les jeunes souffrant des effets mentaux suite à la pandémie ;

– à mettre en œuvre dans ce contexte tous les moyens utiles en vue de la concrétisation dans les meilleurs délais du remboursement de la psychothérapie au Luxembourg ;

– à atténuer les répercussions économiques directes et indirectes sur le marché du travail, dont notamment l'entrée et la réintégration des jeunes sur le marché du travail.

(s.) Marc Spautz, Paul Galles, Léon Gloden, Aly Kaes, Gilles Roth.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Spautz.

An als éischte Riedner ass den honorablen Här Claude Lamberty agedroen. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Claude Lamberty (DP)** | Här President, Léif Kolleginnen a Kollegen, ech hat déi grouss Chance, dës Woch sechs Deuxièmeschüler aus dem Lycée Michel-Rodange ze begéinen. Dat war elo wierklech Zoufall, dass dat dës Woch war, mee dat war am Kader vun enger Aarbecht, déi se hu misse maachen am Civiquescours. An ech muss soen, ech hunn deen interessanten Austausch mat deene Jonken natierlech och direkt genotzt, fir vill Feedback ze kréien och fir dës Ried, fir dës Interpellatioun, wat d'Erausfuederung vun deene Jonke sinn, wéi si se haut gesinn, wéi si se haut erliewen. An natierlech waren do Sujeten, déi d'actualité sinn, Demokratie, Fräiheeten an natierlech d'Pandemie an hir Auswierkungen, e grouse Sujet.

D'Pandemie, d'Konsequenz vun der Pandemie an déi jonk Generatiounen: E Sujet, deen immens wichteg ass, an et ass och immens wichteg, dass ee sech domat auserneeest. Dofir direkt och e ganz grouse Merci un de Marc Spautz fir d'Ufro vum dëser Interpellatioun, och wa se – wéi war et? – ee Joer, e Mount an zwee Deeg al ass, well si ass och haut nach aktuell.

Eng Pandemie inklusiv Lockdownen an Aschnëtter, esou wéi mir se erlieft hunn, hunn natierlech vill Onrou, Froen, vill Unsicherheeten, vill Fragezeche virun der Zukunft a besonnesch awer och vill Aschnëtter an den Alldag vun eis alleguer, mee ganz besonnesch vun deene Jonke mat sech bruecht.

Eppes, wat een ëmmer gewinnt war ze maachen, ob dat war op säin Training goen am Sport, ob dat an d'Duerfmusek goe war, ob dat d'Ronderëmhanke fir déi e bësse méi Grouss a méi Al oder d'Spillen op der Spillplaz fir déi méi Kleng mat Frënn a Kollege war, also eppes, wat ee gär gemaach huet a quasi als Routine am Alldag erlieft huet, war vun engem Moment op deen aneren einfach net méi machbar. An natierlech ass esou e Verloscht vun enger gewinnter Dagesstruktur net evident fir Kanner a Jugendlecher.

D'Wuelbefanne vun deene Jonken ass jo schonn an Netpandemiezäiten e Sujet, deen immens wichteg fir eis als Gesellschaft ass an deen et verdéngt, ëmmer nees och politesch hannerfrot a verbessert ze ginn. Mee dat ass e Sujet, deen am Kader vun der Coronakris halt nach eng ganz nei, eng ganz grouss Envergure kritt huet.

Während dem Lockdown waren déi Jonk praktesch wochelaang doheem agespaart, konntten hir Frënn net

gesinn, keng grouss Gebuertsdaysfeieren organiséieren an hunn eigentlech vill wichteg Momenter einfach verpasst. Si hu Momenter an hirem Liewe missen opginn, déi fir eis alleguer heibannen en Deel vun eiser Jugend waren, Momenter, déi esou eigentlech och ni méi zrëckzekeré sinn, wéi zum Beispill eng Schoulouf-schlossfeier oder och de Start an d'Unisliwen.

Beim Kanner-Jugendtelefon huet ee festgestallt, dass d'Angscht an d'Veronsécherung duerchaus grouss Theeme bei deene jonke Generatiounen waren. De Virus huet hinnen Angscht gemaach. Si hu gefaart, dass hir Grousselteren oder soss Léiwer aus hirem Ëmfeld stierwe kéinten, an hu sech Suergen ëm d'Schoul an hir Zukunft gemaach. Och Suchtproblematike goufe méi heefeg ugeschwat. An dass ee sech während dem Lockdown vun der Famill net och emol heiansdo konnt ofgrenzen, hunn duerchaus eng ganz Rei vu Jonken als Belaaschtung empfonnt.

D'Zerfrittenheet vun de Kanner huet queesch duerch d'Bänk duerch d'Pandemie gelidden. Dat hu scho ganz ënnerschiddlech Etüden och erginn, dorënner eng – ech hunn eng als Beispill geholl – däitsch vun der Uniklinik Hamburg-Eppendorf, wou ronn 1.000 Kanner tëschent 11 a 17 Joer an 1.500 Eltere befrot goufen. Dir hutt bestëmmt scho vun där Etüd héieren, well mäi Fraktiounskolleg a Fraktiounspresident Gilles Baum hat d'lescht Joer a senger Interpellatioun iwwert d'Santé mentale ganz detailléiert op d'Resultater vun där Etüd higewisen.

Do haten 71 % vun de Kanner uginn, sech psychesch belaascht ze fillen. Fir 65 % war et einfach méi ustrenge fir ze léieren. Och kierperlech Probleemer beim Aschlafen, Nervosität, Kappwéi, Bauchwéi waren duerchaus Konsequenzen. De Risiko vun Hyperaktivitéit, vun emotionalen a vu Verhalensproblemer ass vun 18 % virun der Kris op 31 % geklommen.

Dat Schlimmst vun der Coronakris, nieft de Konsequenz vun der Krankheit selwer, ass natierlech de Facteur vun der Ongewëssheet gewiescht, d'Ongewëssheet, wéi laang d'Pandemie eisen Alldag géif bestëmmen. Et war d'Ongewëssheet, wéi laang mir eis Famill a Frënn net kéinte gesinn, wéi laang mir eis Léifsten net kéinten an den Aarm huelen a wéi laang mir eis Fräiheete missten aschränken. A genee dës Ongewëssheet, dës Zweifel, dës Unsicherheet hunn et hinne schwéier gemaach, ee positive Bléck op d'Zukunft ze behalen.

Natierlech, d'Pandemie huet all Eenzelnem vun eis op d'Gemitt geschloen. Mee ech denken awer, dass virun allem déi Jugendlech am Pubertéitsalter et nach eemol méi schwéier haten, fir – kommt, mer soen emol – e Liicht um Ënnern Tunnel ze gesinn. Schliisslech ass déi Phas am Liewe schonn ëmmer eng Phas gewiescht, wou, naja, ee Jonke sech awer ganz vill Froe stellt, sech och emol a Fro stellt an duerchaus veronséichert ass. Et mécht ee sech Gedanken ëm seng schoulesch Leeschtungen, ëm seng Zukunftschancen am Aarbechtsmaart an dorëm, ob déi Choixen, déi ee geholl huet, déi richtig sinn. Alles ass iergendwéi souwisou scho schwéier an ongewëss an där Liewensphas, an de Virus huet dat ganz sécher verstärkt.

Am Ufank vun der sanitärer Kris waren d'Suerge bei deene Jonke grouss, dass d'Pandemie en negativen Impakt op hir schoulesch Leeschtungen kéint hunn oder dass d'Sich no enger Aarbecht ganz schwéier kéint ginn. Si hu gefaart, dass si als „Coronageneratioun“ géifen ofgestempelt ginn, also als ee Joergang oder och zwee Joergäng, déi et einfach gehat hätten, fir gutt Resultater an de Prüfungen ze schreiwen, well, naja, de System jo iergendwéi hätt misse funktionéieren.

Stagen, an et ass och scho gesot ginn, Summer- an Deelzäitjobbe si wéinst der Kris ewechgefall, an och

dofir hate Jonker Angscht, dass si hir Ausbildung net wéi geplangt kéinte fäerdeg maachen oder dass se finanziell Probleemer géife kréien.

Haut, zwee Joer méi spët, kënnen mer Gott sei Dank – Gott sei Dank! – soen, dass sech vill vun dësen Ängshten fir d'Majoritéit, net fir jiddwereen, mee fir d'Majoritéit vun deene Jonken hei zu Lëtzebuerg net verwierklecht hunn.

D'Resultater vun den Épreuves standardisées weisen kloer, dass déi schoulesch Leeschtungen während der Kris net erofgaange sinn an dass et net zu gréisserer Léierretarde koum. Och fir d'Léierbouwen an d'Léiermeedercher aus der Berufsausbildung konnte gréissendeels Léisunge mat Patrone fonnt ginn, soudass och si keng schoulesch Aboussen hu misse matmaachen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Lamberty (DP)** | Scho relativ fréi huet d'Regierung erkannt an émgest, dass besonnesch déi Jonk – besonnesch déi Jonk! – Ennerstëtzung bräichten an dëser immens belaaschtender Zäit, dat fir hir Zukunft, hir eegen Zukunft net selwer ze hypothekéieren. Schliisslech huet een alles missen drusetzen, dass de schoulesche Parcours vum eenzelne Schüler net komplett ofgebrach géif ginn. Dat wär desastréis gewiescht fir déi Jonk, mee awer och fir eis als Gesellschaft.

Ech hunn e puer Beispiller erausgeholl, wat als Hëllefstellung ënnerholl gouf: Et goufen Onlineléierhëlfe fir Schüler ugebueden an am Secondaire goufen d'Offeren un Nohëllefscoursen erweidert. Et gouf eng Summerschool geschaaft, fir eventuell Retarde mat de Schüler opzeschaffen. Entrepreneuren, déi Léierbouwen a Léiermeedercher ausgebilt hunn, goufe finanziell ënnerstëtzt. Fir dass keng Ausbildungsplaz verluer sollt goen, krut eng Entreprise pro Schüler eng Pimm tëschent 1.500 an 5.000 Euro.

Dat sinn awer elo just e puer Beispiller, déi weisen, dass net gezéckt gouf, deene Jonken op hirem Bildungsweg an an hirem Transition op den Aarbechtsmaart ënnert d'Äerm ze gräifen.

Déi allerwichtigst Mesure war allerdéngs, dass mir d'Schoulen esou laang wéi méiglech opgehalen hunn!

Am europäesche Verglach ass Lëtzebuerg eent vun de Länner, wou am meeschte Presenzunterrecht assuréiert konnt ginn. An dat ass eppes, wourop mir einfach als Land fir déi jonk Generatiounen houfreg kënnen sinn!

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Lamberty (DP)** | Houfreg, éischstens, well och dee beschten Homeschooling nimools 100 % déi selwecht Qualitéit u Wëssen a Kompetenz ka vermëttelen, wéi dat an der Schoul am Presenzunterrecht de Fall ass. An zweetens, well de soziale Kontakt, dat mierke mir jo och an eisen Aktivitéiten, eng primär Viraussetzung ass fir eng gesond Entwécklung, fir e gesonden Austausch an och ganz besonnesch fir eng gesond Entwécklung vun eise Kanner a Jugendlechen.

„Minimal Chancé fir de Virus, maximal Chancé fir d'Bildung“, dat war d'Devise am Educatiounsministère. Natierlech ass et an der Praxis net ëmmer esou evident, an et begéint ee sécherlech och ëmmer nees neien Erausfuederungen, déi oft och individuell geleist mussen ginn, well sech eeben op 100 Fäll 99 verschidde Fäll weisen.

Mee am Groussen a Ganzen ass et bei deenen Entscheedungen, déi geholl goufen, dréms gaangen, fir engersäits d'Gesondheet vun de Schüler an den

Enseignanten a soss Acteuren an der Schoul ze schützen an anerersäits déi fundamental Missiounen vun der Schoul ze garantéieren. Fir dës schwierigen Equilibre ze fannen, gouf zesumme mat de concernéierten Acteuren eng émfassend Strategie opgestallt, fir esou gutt wéi méiglech duerch dës Pandemie am Sënn vun den Zukunftschancen fir déi Jonk ze kommen.

Natierlech war et eng grouss Erausforderung, fir d'Schoulen am Respekt vun de sanitäre Reegele kënnen opzehalen. Net just d'Enseignanten an d'Direktionen, mee och d'Gemengen hunn immens Efforte gelescht, fir d'Kontinuitéit vum Unterrecht ze assureieren.

Zu Lëtzebuerg hu mir mat de getraffenen Entscheidungen garantéiert, dass mir zu all Moment garantéiert hunn, dass d'Bildung vun eise Kanner a vun eise Jugendleche konnt weidergoen. Mir hunn zu all Moment garantéiert, dass déi Jonk eng Plaz haten, wou se léiere konnten, wou se wuesse konnten a wou se sech géife wuel spieren.

Et kann ee soen, dass d'Schoul an dat ganz Ëmfeld mat Frënn, Enseignanten, Educateure fir eng ganz Rei Kanner eppes ass wéi e Sécherheitsnetz, dat méiglechst ëmmer gespaant muss bleiven. Dofir sinn ech immens frou, dass Lëtzebuerg op dee Wee gaangen ass, d'Schoulen nom Lockdown och erëm esou séier wéi méiglech nees opzemaachen an eeben, wéi ech et scho gesot hunn, esou vill wéi méiglech opzehalen.

Am Réckbléck kënne mer haut soen, dass Lëtzebuerg relativ schnell an am Endeffekt och gutt am Homeschooling ukomm ass. An de Marc Spautz ass schonn drop agaan: Iwwer all déi digital Efforte fir déi – kommt, mir soen – manner Jonk, mee fir eis alleguer als Gesellschaft, mengen ech, hu mer an deem do Mäen e ganz grouse Schrëtt no vir gemaach. Heiansdo hu jo och Krisen duerchaus positiv Nieweneffekter.

Déi digital Infrastruktur vun eise Schoulen an dat konsequent Eruféiere vun deene Jonken un déi digital Outilen hunn eng immens wichteg Roll gespillt. Eise Schoulssystem huet sech als immens resistent erwisen. An dat hu mir virun allem de groussen Investissementer aus dëser an och där leschter Legislaturperiod ze verdanken.

D'Ëmsetze vum Stufepiang, den Enseignement en alternance an den Asaz vu mobillen Testekippen hunn och dozou bäigedroen, den Ustiechungsrisiko an de Schoulen dätlech ze reduzéieren. D'Selbsttester, déi gratis un d'Schüler an un d'Enseignantë verdeelt goufen, waren e wichtegen Deel vun dëser Strategie. Nieft dem Fortschritt vun der Impfcampagne waren et virun allem och dës Tester, déi eise Schüler méi Presenzunterrecht, méi sozial Kontakter a méi Normalitéit erméiglecht hunn.

Ouni de kollektiven Effort vun den Enseignanten, vun den Educateuren, vun den Elteren a vun de Schüler wär dës Succès natierlech net méiglech gewiescht. Dofir wëll ech hinnen op dëser Plaz nach eemol e ganz, ganz grouse Merci soen.

Déi zwou lescht Rentrées stoungen dann och am Zeeche vum Wuelbefanne vun de Schüler. Et goufen nei Efforte gemaach, fir d'Kanner, och iwwert d'Covidkris eraus, besser op d'Zukunft ze preparéieren, hinne Selbstvertrauen ze ginn an de respektvollen Ëmgang mateneen ze fërderen.

Mat der Campagne „Mir këmmen eis“ hat den Educationsministère de Fokus op fënnf thematesch Piliere geluecht: d'Prevention vu gewalttätigem Verhalen, d'Prevention vu Suchten, d'Éducation sexuelle et affective, den Ëmgang mat de soziale Medie souwéi d'mental Gesondheet an d'Gestioun vun den Emotiounen.

D'Pandemie huet gewisen, dass mir d'Resilienz vun deene Jonke fërder mussen, dat andeems mir hiert Selbstvertraue stäerken, hir sozial Kompetenze widerentwëckelen an hinne bäibréngen, hir Emotionen auszudrécken. Schonn am jonken Alter sollt ee léieren, wéi ee mat schwéiere Situatiounen ëmgeet a sech Hëllef ze sichen, wann een eppes eleng net esou gutt oder guer net hikritt. An et ass eis Aufgab, déi Jonk dobäi ze begleeten an hinnen déi néideg Mëttele dofir an d'Hand ze ginn.

Zu Lëtzebuerg gëtt et iwwer 300 Persounen am schoulesche Beräich, déi Hëllefstellung an deem do Kader ubidden: Psychologen, Educateuren, Assistante-socialen, wéi och ëmmer, mee déi Hëllefstellung ubidden. Ganz am Sënn vun enger „whole school approach“ ginn och d'Enseignantë bei der Oplärungsarbeit matagebonnen.

Hei dernieft ass d'Prevention och e festen Deel vum Stage pédagogique vun den Enseignanten. De Mangel u soziale Kontakter während der Pandemie war sécherlech eng vun de gréissten Erausforderunge fir déi Jonk, wann net souguer déi gréisst. Grad a jonke Joren ass de Kontakt mat Gläichaltregen immens wichteg fir eng gesond sozial an emotional Entwécklung. Ma dës Kontakt war wéinst de sanitäre Messuren, mir hunn et scho gesot, eng ganz Zäit laang net méiglech oder ageschränkt. Och hiren Hobby konnten déi Jonk net méi nooen, well d'Veräiner wéi Fussball, Basket, Danzen, Tennis an och d'Musekschoulen hunn hir Diere missen zoumaachen.

Als Konsequenz dovunner hu vill Jonker sech zréckgezunn. Si hu sech isoléiert. Si waren ënnerwee, mee net, wéi dat fréier de Fall war, mee si waren haaptsächlech an de soziale Medien ënnerwee. D'Etüd COVID-Kids I vun der Uni Lëtzebuerg huet zum Beispill gewisen, dass déi Jonk méi wéi duebel esou vill Zäit am Internet verbruecht hu wéi virun der Kris. D'Analysen hunn ausserdeem en enke Lien tëscht der Hausse vum Internetkonsum an der Entwécklung vun Angschtzustänn an negative Gefiller festgestallt.

Wéi de Sport an d'Musek dunn nees funktionéieren konnten, hu mir allerdéngs och schnell eng Konsequenz vun där Pandemie an eise Veräiner – ech soen elo mol Veräiner –, mee an alle Sparten erlieft. Eng ganz Rei vu Leit, an dorënner och Jonker, hunn de Wee bis haut net zréckfonnt an hire Veräin oder an hire Klub, an dat aus ganz verschiddeenen Ursaachen. Mir kéinten elo eleng iwwert d'Wichtigkeet oder d'Engagement am Benevolat hei eng ganz Stonn diskutéieren, mee Fakt ass: Eis Veräiner an der Kultur an am Sport sinn extreem wichteg Piliere vun eiser a fir eis Gesellschaft! Mir mussen si esou ënnerstëtzen, dass si déi wäertvoll Aarbecht, déi se fir eis ganz Gesellschaft leeschten, an esou och an der Entwécklung vun eise Kanner leeschten, och weiderhi flächendeckend kënnen assureieren.

Wéi mir all wëssen, si Beweegung an de soziale Kontakt immens wichteg fir déi gesond Entwécklung vun de Jonken an hunn e positiven Effet op hir mental Gesondheet. Et ass dofir immens wichteg, dass mir déi Jonk nees derzou motivéieren an och se motivéiert kréien, hiren, ech nennen et emol „alen Hobby“, dee se virun der Kris gemaach hunn, och elo ze maachen, hirem Hobby erëm nozegoen.

Ech mengen domat natierlech net jiddwereen, mee trotzdem, mir dierfen et net ënnerschätzen. An et geet drëm, dass erëm jiddwereen – a méiglechst vill Leit – um gesellschaftleche Liewe kann deelhuelen, Frëndschafte fleegen a virun allem Spaass a Freed am Alldag erliewen.

Eng Mesure, déi een op dëser Plaz natierlech ervirhiewe muss, ass d'Aféiere vun engem gratis

Museksunterrecht, dee mer virun e puer Wochen hei op dëser Plaz diskutéiert hunn. Ech si wierklech immens houvreg, dass mir an Zukunft all Kand den Zougang op en héichwäertge Museksunterrecht garantéieren a soumat zur Chancgläichheet an zur Bildungsgerechtkeet bäidroen. Déi musikalesch Bildung fërdert nämlech net just d'Kreativitéit vun deene Jonken, mee och d'Entwécklung vun de sozialen a kommunikative Fäegkeeten.

Ob also elo am Sport, an der Musek, ech kéint och soen an de Scouten, dat si Piliere, déi eng immens wichteg Roll an eisen Dierfer an an eise Stied anhuele, an net just fir d'Duerfliewen, mee als Treffpunkt fir eis Jonk, als fest Ulaflaz an hirer Entwécklung, als Plaz, wou se gären higinn, fir Frënn ze gesinn an Hobbyen ze maachen.

Här President, d'Pandemie huet eis gewisen, wéi fragill eise Geescht ka sinn. An dofir mussen mir déi mental Gesondheet definitiv op en Niveau prioritaire eropstufen. Mir müssen den Accès zu professioneller Hëllef am psychesche Beräich méi séier a méi licht gestalten. An deem Kader sinn ech frou, dass d'Regierung dës Joer nach en nationalen Aktionsplang vun der mentaler Gesondheet wäert virstellen. Och den neien Observatoire de la santé, deen d'lescht Joer gegrënnt gouf, soll déi mental Gesondheet vun deene Jonke méi genee verfolge.

Ee Problem, dee mir esou schnell wéi méiglech müssen ugoen, ass de Mangel u Personal an der Kannerpsychiatrie. Ech begreissen dofir, dass déi zoustänneg Ministère u Léisunge schaffen, fir de Beruff vum Pedopsychiater méi attraktiv ze maachen. Ab der Rentrée 2022/2023 wäert d'Uni Lëtzebuerg ausserdeem zwee nei Studiegäng, den Infirmier en pédiatrie an den Infirmier psychiatrique, ubidden.

All Mënsch soll an Zukunft och Accès op eng psychologesche Hëllef hunn, egal aus wéi engem sozioekonomesche Milieu e kënnt. Besonnesch bei deene Jonken dierfe mer keng Zäit verléieren a mir müssen hinnen esou schnell wéi méiglech déi néideg Ënnerstëtzung bidden, wa si se brauchen.

Och wann eis Kanner a Jugendleche relativ gutt duerch d'Kris komm sinn, däerfe mir op kee Fall ophalen, och an Zukunft weider hiert Wuelbefanne an de Mëttelepunkt ze setzen an doranner ze investéieren. Mir mussen weider Plaze fir staark Kanner schafen, eis ëm si këmmen an hinne bei Froen a besonnesch och bei Ängsten zur Säit stoen.

Déi Jonk, déi hu während der Pandemie eng immens grouss Solidaritéit bewisen. Si hu sech un d'sanitäre Mesur gehalen, fir un éischter Plaz déi méi vulnerabel Leit ze schützen. Vu menger Plaz dofir e grouse Merci un déi jonk Generatioun!

De Marc Spautz huet relativ zum Schluss gesot, et sollt een zesumme kucken, an deemem Sujet eppes fir déi jonk Generatioun ze maachen. An ech deelen déi Meinung an ech fannen dat och richtig. Hei geet et nämlech net ëm Politik, hei geet et wierklech ëm d'Generatiounen, déi no eis kommen, hei geet et ëm eis ganz Gesellschaft.

Ech hunn och eng Motioun preparéiert. Ech hunn Är elo nach net gesinn, mee vläicht decke se sech jo e bëssen. Mir liese se dann elo géigesäiteg an dann, mengen ech, hu mer herno eng Diskussioun doriwwer.

## Motion 2

*La Chambre des Députés,*

*– considérant que la santé physique et mentale des jeunes constitue une priorité de la santé publique ;*



– considérant que les mesures sanitaires liées à la pandémie Covid-19 ont eu un impact majeur sur le bien-être physique et mental d'un très grand nombre d'enfants et d'adolescents et ceci dans toutes les catégories d'âges et catégories sociales ;

– relevant, dans ce contexte, les efforts déployés par le Gouvernement et l'ensemble du personnel enseignant et éducatif afin d'assurer le droit à l'éducation des enfants et des jeunes et de contenir l'impact de ces restrictions sanitaires sur leur parcours scolaire comme sur leur santé mentale ;

– considérant que l'analyse des résultats des Épreuves standardisées (EpStan) de 2020 n'a identifié ni une tendance négative systématique, ni une détérioration générale des compétences chez les élèves de l'enseignement fondamental et secondaire au Luxembourg, et que les résultats des EpStan de 2021 ont confirmé ce constat ;

– considérant les conclusions du Rapport national sur la situation de la jeunesse au Luxembourg 2020 ;

– considérant l'étude sur le bénévolat au Luxembourg inscrite dans l'accord de coalition 2018-2023 et présentée en 2022,

invite le Gouvernement

– à poursuivre d'une manière générale tous ses efforts concernant la promotion du bien-être des jeunes ;

– à accorder, dans ce contexte, une place prioritaire à la santé mentale des jeunes dans sa politique de santé publique ;

– à poursuivre les efforts au niveau du développement de l'offre des services en matière de la pédopsychiatrie ;

– à poursuivre les efforts en vue du remboursement des psychothérapies ;

– à développer voire intensifier la formation du personnel enseignant et éducatif en ce qui concerne la détection et la gestion quotidienne des problèmes liés à la santé mentale ;

– à élaborer un plan d'action national de la jeunesse 2022-2024 sur base des conclusions du Rapport national sur la situation de la jeunesse au Luxembourg et à le présenter à la Chambre des Députés ;

– à poursuivre ses initiatives en vue de promouvoir et de soutenir le bénévolat ainsi que l'engagement des jeunes dans une association sportive, créative, culturelle ou d'éducation non formelle.

(s.) Claude Lamberty, Djuna Bernard, Francine Closener, Carole Hartmann, Josée Lorsché.

Op jidde Fall, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren an nach eng Kiéier Merci, fir dëse wichtege Sujet op den Ordre du jour gesat ze hunn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos, Här Lamberty. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass net fir d'éischt an hoffentlech net fir d'lescht, datt mer hei driwwer schwätzen, wéi et eise Kanner geet.

Fir all eenzel Famill soll de Bien-être vum Kand am Mëttelpunkt stoen, awer sonner Zweifel ass et och eng äusserst wichteg Fro fir déi ganz Gesellschaft, well ob et de Kanner a Jugendlechen haut gutt oder schlecht geet, beaflosst hiert Liewen, hire schoulesche Parcours, hiert Berufsliewen, et beaflosst hire Gesondheitszoustand, physisch a psychesch, a bestëmmt domadder also global gesinn den Zoustand vum eisem Land vu muer an iwwermuer. Duerfir

merci dem Marc Spautz fir dës Interpellatioun iwwert d'Suite vum der Pandemie fir eis Kanner.

Elo ginn d'Meenungen e weénege ausernee bei der Fro, wéi wäit déi Jonk gelidden hunn zanter Mäerz 2020, wéi wäit hir Onbeschwiértheet op der Streck bliwwen ass, ob hir Welt an hiert Weltbild nohalteg beschiedegt goufen oder net.

Fänke mer mol mat deem Positiven un: Bei Kanner a Jugendlechen huet Covid nëmme seelen zu engem schwéiere Krankheitsverlaf gefouert. Dat läit an der Natur vum dësem Virus, zum Gléck fir déi Jonk. Positiv ass och, datt sech déi Jonk duerch d'Bänk äusserst responsabel beholl hunn a behuelen. D'Maskepflicht gouf vun hinne gutt akzeptéiert, ouni groust Gedeessems. Dacks hu sech déi Erwuesse vill méi doriwwer beklot wéi déi Jonk, si ware par konter virbildlech. An och den Drock, dee se gemaach kruten, fir d'Boma oder de Bopa nëmme net unzestiechen, hu se missen erdroen. Och den Impftaux bei deene Jonken ass héich: Ëmmerhin 71 % vun de Jugendlechen tëscht 12 a 17 haten um Ufank vum Joer e kompletten Impfscheema.

A si hu sech duerch d'Bänk och ganz séier un déi nei Form vum Unterrecht, den Homeschooling, gewinnt, woubäi ech wierklech d'Regierung wëll felicitéieren, datt se alles drugesat huet, fir d'Schoulen esou vill a sou laang wéi méiglech opzehalen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Dat war ganz dacks net einfach, an net jiddereen hat dofir Versteesdemech.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Francine Closener** (LSAP) | D'Kanner an déi Jonk soe jo awer och selwer, zum Beispill an der Etüd COVID-Kids II, datt se vill besser léieren am Presenz-unterrecht. Mee et war ganz richtig, se opzehalen, datt war ganz richtig, an och de Fait, datt dat ganz Léierpersonal esou séier opgeklommen ass op dat Digitalt, dat war keng Selbstverständlechkeet. Dat huet alles Kraaft an Nerve kascht – sur place an awer och, mengen ech, bei deene Responsabelen an der Politik –, et war awer wierklech am Sënn vun de Kanner a Jugendlechen, an dat verdéngt eise Respekt. An anere Länner waren d'Kanner a Jugendlechen an der Pandemie souzese „quantité négligeable“. Bei eis net. Merci duerfir!

**Une voix** | Très bien!

**Une autre voix** | Ganz gutt!

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Dat géllt och fir d'Efforten, déi vun der Regierungssäit mat de Veräiner gemaach goufen, fir déi Jonk nees zréck an d'Fräizäitaktivitéiten ze kréien. Ech zitieren hei nëmme d'Aktioun „Go to Sports“ an der zweeter Hallschent vum leschte Joer, wou een als Jonken ënner 16 Joer jo e Bong vu 50 Euro krut, wann een eng nei Sportlizenz gemaach huet. An deem Zäitraum hu bal 5.000 Kanner eng nei Lizenz gemaach. Dat sinn der vill, eng Aktioun mat vollem Succès.

Och de gratis Musekunterrecht, dee mäi Kolleeg Claude Lamberty grad ugeschwat huet, ass eng Initiativ, déi weist, datt d'Kanner an d'Jugendlechen zu Lëtzebuerg systematesch gefërdert ginn. Och dat begréisse mir als LSAP ausdrécklech.

Allgemeng huet een de Moment och den Androck, wéi wann dee provisoresche „back to normal“ de Kanner a Jugendlechen zimmlech gutt géif geléngen. Si huelen zu Recht elo alles no, si gi spille bei d'Kolleegen, si sinn zesummen dobussen ënnerwee, si ginn eraus, si maache Party ... Jee, alles, wat ze laang guer net oder just ënner schwierere Konditiounen méiglech war, gëtt elo vive nogeholl.

Mee natierlech ass dat net alles. Natierlech hat an huet déi Pandemie en Impakt op de Bien-être vum deene Jonken. D'Etüd COVID-Kids II ass schonn zitëiert ginn: D'Liewenszefriddenheet vum de Kanner ass an der Pandemie zréckgaangen. Dat ass jo och net verwonnerlech. Ob et elo de Volet Gesondheet ass oder Sécherheet, firwat och sollen d'Kanner an déi Jugendlechen sech manner Suerge maachen? A besonnesch, wann hir Virbillen doheem an an der Schoul Ängschten hunn an déi Ängschte vläicht guer net gutt geréiert kréien, dann ass et jo kloer, datt dat sech op d'Kanner iwwerdreift.

Och den nationale Kannerbericht huet sech jo mat den Auswirkunge vum der Pandemie beschäftegt an huet gewisen, datt zwar allgemeng d'Kanner hire Bien-être duerch d'Bänk selwer als gutt bewäerten, mee si hunn zejoert awer och méi dacks Stress an Traurigkeit geäussert, steet am Rapport. A wat besonnesch alarmant ass: E bësse manner wéi 10 % vun de Kanner geet et wierklech no hirer eegener Ausso net gutt!

Op enger Skala vun 100 si Wäerter vun 80 bis 90 zu Lëtzebuerg üblech. Bei knapp 10 % vun de Kanner rutschen d'Wäerter erof op ënner 75 oder souguer ënner 70. Dës Kanner ënnerhuele manner an der Fräizäit, si hu manner positiv Gefiller an äusseren duerfir méi negativer. An déi Kanner kommen duebel esou dacks aus Familien monoparentales. Dat ass erschreckend a weist eemol méi, wéi wichtig et ass, fir Elengerzéienden eng besser Ënnerstützung méiglech ze maachen, an allen Hisiichten, net nëmme a finanzieller.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Well kloer ass och, an de Kannerbericht confirméiert et: Wat d'Liewen an der Famill besser ass, wat et dem Kand besser geet. Dat läit op der Hand! Awer och d'Maison relais spillt eng wichteg Roll an der Zefriddensheetsskala vun de Kanner, an dann och d'Fro, wéi wäit se dierfe matschwätzen a sech bedeelegen. Aussergewéinlech ass, datt am Géigesaz zu anere Länner zu Lëtzebuerg d'Netparticipatioun vun de méi eelere Kanner souguer nach zouhëlt. Dat ass also och e kloeren Optrag un eis, un d'Politik, fir fir Modeller ze suergen, bei deenen d'Kanner kënnen matschwätzen, wou se eng Stëmm hunn, wou se och gelauschert ginn, an der formaler an an där nonformaler Bildung.

Zum Impakt dann op déi schoulesch Resultater, mir hunn hei scho vill dervu geschwat, och iwwert de Bildungsbericht. Et si Léierréckstänn entstanen. D'Pandemie huet d'Ongläichheeten, déi et gouf, weider verstärkt. Kanner aus defavoriséierte Familljen, Kanner, wou doheem kee Lëtzeburgeresch geschwat gëtt, Kanner am General an am Préparatoire waren am meeschte betraff. Mir wëssen et an et ass natierlech ze begreifen, datt d'Léierpersonal, en cours de route souzese, dorobber reagéiert huet a sech besonnesch deenen dote Schüler extra gutt gewidmet huet. Nach ass de Problem awer net geléist an ech sinn och gespaant op d'Rentree, wann déi gratis qualifizéiert Nohëllef, déi de Minister jo ugekënnegt huet, soll ulafen, quitte datt dat och just e Puzzlestéck ka sinn an engem globalen Effort, fir d'Bildungsmaueren zu Lëtzebuerg ofzebauen.

Vu kruzialer Bedeitung fir de Bien-être vum de Kanner ass awer virop hir mental Gesondheet. An ech hunn et hei schonn eng Kiéier gesot: Wann ee kleng Kapp voll Traurigkeit ass, voll Stress oder Ängscht, dann ass keng Plaz méi fir Mathe oder Franséisch!

Iwwer 1.000 Mënsche sinn zu Lëtzebuerg un de Suite vu Covid gestuerwen. Kanner a Jugendlechen hu Familljemembere verluer, eng Groussmamm, e Monni, vläicht souguer en Elterendeel. Fir dës Kanner ass déi

Pandemie traumatéisch an d'Ungewëssheet, ob elo am Hierscht oder am Wanter oder iergendwann nees eng Well mat enger schlimmer Variant kënn, déi Ungewëssheet ass fir déi Kanner warscheinlech bal net auszuhalen. Gëtt et eigentlech fir déi e besonneneschen Encadrement? Et wier vläicht net vu Mutterwell.

Mee et gëtt och genuch Jonker, déi keen direkte Verloscht erlieft hunn an awer grouss Ängshten hunn, Kanner a Jugendlecher. D'Pubertéit ass jo souwiesou d'Zäit, wou ee psychesch manner stabill ass, e bësse méi labill ka sinn. Duerfir kann et och keen erstauen, datt déi psychesch Probleemer vun den Teenager an der Pandemie zougeholl hunn.

Et ass richtig a gutt, datt am Secondaire Efforte gemaach ginn, fir datt de Volet vun der Orientéierung net méi esou staark just op de Schëllere vun de SePASe läit, soudatt d'Psychologe sech verstärkt hirer eigentlecher Kärufgab an de Lycée widme kënnen.

Awer d'LSAP ass der Meinung, datt och eppes muss am Fundamental geschéien, nieft dem Psycholog an der Direktioun, deen intervenéiert, wann et ëm d'Orientéierung geet oder bei Kanner mat spezifesch Besoinen. All Enseignant wier dankbar, vun den Eltere guer net ze schwätzen, wa mer et géifen hikeréien, datt an all gréisserer Schoul eng multidisziplinär Ekip sur place wier, déi sech Dag fir Dag ëm déi net schoulesch Probleemer vun de Kanner géif këmmere. À voir, wien dozou gehéiert: Psycholog, Assistant social, Éduteur gradué, déi all Dag à l'écoute si vun de Kanner, déi och op d'Kanner duerginn, amplat datt d'Kand selwer den éischte Schratt muss maachen. An am Optimalfall misst déi Ekip souwuel an der Schoul wéi och an der Maison relais am Asaz sinn, well mir wësse jo, e Kand ass e Kand, egal, wou et grad ass.

Et gëtt e puer Beispiller an enger Rei Gemengen, wou esou Intervenanten um Terrain sinn. Dat ass begrëssenswäert, datt hëlleft. Nach besser wier et, wann et dat iwwerall géif ginn. Dat ass an eisen Aen eng Missioun vum Staat an net eleng vun enger Gemeng. An dernieft ass et natierlech richtig an néideg, d'Enseignant selwer fir esou psychesch Probleemer vun de Kanner ze sensibiliséieren.

Léif Kolleginnen a Kollegen, d'Kannergesondheet ass méi wéi just d'Absence vun engem Virus. Fir datt e Kand sech gutt entwéckelt, brauch et déi dräi „B“: Bindung, Bildung a Beweegung. Meng Kollegin Simone Asselborn-Bintz an ech selwer hu jo och schon am Dezember hei bei enger anerer Interpellatioun am Detail iwwert déi dräi Aspekter geschwat.

Bindung ass elementar, virop doheem natierlech. Wa bis an der Famill e Manktem oder en affektiiv Lach entsteet, dann ass et schwéier, fir dat anerwäerts erëm ze fëllen. Duerfir ass d'Zesummenaarbecht mat den Eltere kruzial an de Ministère geet jo och mat neien Initiativen an déi Richtung.

Awer eeben och d'Bindung mat anere Bezuchspersonen an der Schoul, an der Maison relais an am Veräi spillt eng ganz grouss Roll. An et ass wierklech net gutt, wann déi ëmmer nees wiesselen. Kanner, déi bannent engem Schouljoer dräi, véiermol an aneren Enseignant hunn, aus wéi engen Ursachen och ëmmer, verléiere ganz séier hir Repèren an hiert Vertrauen. A grad an der Pandemie an duerch d'Penurie vun den Enseignanten ass dat e Phänomeen, deen een net dierf ënnerschätzen. Nëmme wann d'Bindung gutt ass, ka Bildung funktionéieren.

An dann natierlech och d'Beweegung: Et gëtt esou vill Etüden, déi weisen, wéi wichteg Sport a Beweegung fir d'Gehirn sinn, fir déi mental Gesondheet. Jo, et gëtt vill Initiativen, och bei eis. Mee ech mengen, mir hunn awer nach Spurt, an der Schoul an och doriwwer eraus, nach vill Spurt, fir et besser ze maachen an

dem Sport e ganz aneren, e vill besseren a méi héije Stellegärt ze ginn.

Här President, ech kommen zum Schluss. Et gëllt, u ville Schrauwen ze dréien, fir de Bien-être vun eise Kanner ze garantéieren. An ech widderhuelen nach eemol, wat ech schon am Dezember gesot hunn: D'Medienerzéiung ass e wichtegt Element a gehéiert derzou, d'Preventioun vu Suchtverhalten, de Kampf géint Cybermobbing, den Accès zu Psychotherapien an de Remboursement dovunner, d'Opbrüche vun Tabuen, d'Opklärung ronderëm d'Theema Depressiounen, eng Mise en place an eng besser Vernetzung vun de Services, déi sech am Alldag ëm net schoulesch Probleemer vun de Kanner këmmere an domadder d'Personal an der Schoul an an den SEAs entlaaschten, d'Stärke vum Benevolat, och am Sënn vun de Veräiner, Ënnerstützungsplattformen fir d'Elteren an natierlech effikass Orientéierungsprozeduren op allen Niveauen an der Schoul, fir datt déi Jonk net op eemol an enger Sakgaass landen an hinnen den Décrochage scolaire als eenzeg Léisung erschéngt.

Et ass e „Must“ an net en „Nice to have“, derfir ze suergen, datt déi Jonk sech wuel fillen an eiser Gesellschaft. Nëmme da kënnen si a mir optimisteschesch bleiwen a Krise bewältegen, Pandemien an aneren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Madamm Closener. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard (déi gréng) |** Här President, Kolleginnen a Kollegen, dës Debatt entkënnert dem Kontext vun der Pandemie net. Si gouf viru mëttlerweil engem gudden Joer ugefrot a si reit sech an d'Theema vum Bien-être vun de Kanner an, wat mer jo virun e puer Méint schonn hei diskutéiert hunn. An ech wëll direkt elo schonn dem Här Spautz e ganz, ganz grouse Merci soen, fir dës Thema op den Ordre du jour gesat ze hunn, an Thema, wat mir perséinlech immens wichteg ass a wat, mengen ech, parteiwwergräifend eise vollen Asaz verlaangt.

Zum Thema vum Wuelbefanne vun eise Jonke wär et och scho virun der Pandemie vill ze soe ginn. Och virun der Pandemie hunn déi Jonk vum Jugendparlament hei schonn eng besser psychologesche Betreierung an de Schoulen an doriwwer eraus gefuerdert. Och virun der Pandemie waren d'Theeme Schoullofbroch, Orientéierungsméiglechkeeten an Ausbildungsplazen där, déi eis heibannen beschäftegt hunn. An och d'Klima- an d'Logementkris war virun der Pandemie schonn déi gréisst Suergen, déi meng Generatioun an déi no mir beschäftegt hunn.

Vill vun dësen Theeme sinn nach eemol verschärft ginn. Si sinn nach méi akut ginn a mir musse se dréngend ugoen, thematiséieren a Léisunge fannen, fir dass mer dës Laaschten, déi déi Jonk ze droen hunn, vun hire Schëlleren ewechhuele kënnen. Et sinn nämlech net just hir Suergen, et sinn der Gesellschaft hir Suergen.

Esou eng wichteg Debatt kann een nëmme féieren, wann ee mat de concernéierte Leit schwätzt a virun allem hinnen nolauschert, andeems een net iwwer hir Käpp ewech Decisiounen hält, mee hinne gläichwäerteg an op Aenhéicht begéint. Déi Jonk wëllen agebonne ginn an d'Decisiounsprozesser. Si hu staark Meinungen a Positiounen. Si bréngen déi op déi verschiddenst Aart a Weisen zum Ausdruck: An eise Jugendparteien, déi sech hoffentlech ganz aktiv an d'Walprogrammer vun hire Mammeparteien abréngen, am Jugendparlament oder am Jugendkonvent,

wou Jonker beieneekommen, Theemen definéieren, déi hinnen ueweelen, Positiounen a Kompromësser ausschaffen a se zu gudder Lescht hei verteidigen, hei erklären an derfir astinn, an de Schülerkommissionen oder am Conseil supérieur de la jeunesse, wou se sech aktiv fir hir Schoul asetzen oder als Conseil supérieur Avisen zu de Gesetzter, déi mir hei stëmmen, ausschaffen.

Wat ass also während der Covid-19-Pandemie mat dëser jonker Generatioun geschitt? Virewech war natierlech hire schouleschen Alldag ee komplett aneren. 93.000 Quarantäne goufe bei Mineuren ausgeschwat. Si hate kee gereegelten Alldag méi an all Woch war anescht. Si waren Ängshten ausgesat, hir Familljen unzestiechen, selwer krank ze ginn, hir Prüfungen an Examen net ze packen, keng Sue méi ze verdéngen, kee Stage oder keen Job méi ze fannen.

Si hate manner Beweegung, si hate manner sozial Interaktiounen, manner Suivi psychosocial, well se hire SePAS, hir Jugendhaiser, hir Enseignanten, hir Therapeuten an Dokter an manner konnte gesinn.

A wann een owes um 21.00 oder um 23.00 Auer muss doheem sinn, wann ee muss Homeschooling maachen oder an enger Quarantän setzt, jo, dann huet ee vill Zäit fir nozedenken, fir sech och an d'Welte vum Internet ze flüchten an och mol deenen engen oder aneren negative Gedanken ausgesat ze ginn.

Mir hunn et hei och schonn ëfters gesot an et ass evident: Do, wou et virdu scho Léierschwieregkeete gi sinn, do, wou virdu scho mental Probleemer waren, do, wou virdu d'Relatioun doheem schonn net esou gutt war, huet sech dës Pandemie wéi e Vergrößerungsglas driwwergeluecht an Inegalitéiten a Probleemer verschärft. Jugendpsychiatere a Psychologen hunn Alarm geschloen. A mir wëssen och entre-temps, dass Isssstéierungen, Selbstverletzung a suicidaire Gedanken substanzuell bei de Jonken an d'Luucht gaange sinn. D'Jugendpsychiatrie ass rezent vergrössert ginn, an awer ass den Accès bei e Psycholog oder bei Psychiatere, besonnesch an der ambulanten Hëllef, mat enorme Waardezäite belaauscht.

Kontakt hale mat de Jonken, déi e psychotherapeutesche Suivi kruten, war während der Pandemie queesch duerch de Secteur fir d'Fachleit um Terrain dee groussen Defi, fir während der Kris d'Kanner an déi Jonk net vum Radar ze verléieren, fir déi gemaachte Progrèsen eeben net verkommen ze loosse, fir d'Vertrauensverhältnis an déi ganz Aarbecht, déi geleescht gouf, an d'opsichend Jugendaarbecht och widerhin héichzehalen. An elo no der Kris gëllt et, d'Aarbecht erëm opzehuelen an awer virun allem d'Nowéie vun dëser schwéierer Zäit an d'Suitten, déi sech awer eréischt no an no bemierkbar maachen, opzeschaffen a preventiv Léisungen ze fannen.

Vill Veräiner, Sportsklibb an Ulaftstelle mierken, wéi schnell sech vill Jonker ofgekapselt hunn, wéi se sech dru gewinnt hunn, fir méi doheem ze sinn, fir méi online ze sinn, fir sech manner ze beweegen a fir sozial Kontakter ze reduzéieren.

An dowéinst, léif Kolleginnen a Kollegen, brauche mer e breet opgestalt, nidderschwelligen, effikassen a jugendsensibelen Effectif u Professionellen, u Benevollen, u Jonken an Erwuessenen, déi op breeder Front op dës gepräagt Generatioun kënnen agoen, sief dat an de Schoulen, mam SePAS a mat engagéierten a sensibelen Enseignanten, déi op déi Jonk aginn an hir Suergen, Froen an Iddien escht huelen, sief dat an der opsichender Jugendaarbecht, de Projeten, de Jugendhaiser an der Veräinsaarbecht.

Ee Beispill ass zum Beispill dee rezent gegrënnte Service PsyUp vum Roude Kräiz, déi eng mobil Entitéit vu Psychologen en place gesat hunn, déi bei



d'Jugendhaiser fueren an do un déi Jonk eruntrieden, mat hinne schwätzen, op hir Suergen aginn, ouni laang Waardezäiten an ouni administrativ Hürden, direkt do, wou déi Jonk sinn, direkt do, wou si hir Fräizäit verbréngen. Si ënnerstëtzen natierlech och do dann d'edukatiivt Personal um Terrain. An ech mengen, dass dat e ganz flotten, interessante Projet ass, deen op e reelle Besoin ageet an deen och warscheinlech misst substanzieel vergréissert an national ugebuede ginn.

Ech weess, dass mam neie Jugendpakt eise Jugendminister staark Akzenter fir déi Jonk setzt an hei d'Offer fir déi Jonk iwwert déi nächst Jore substanzieel an d'Luucht gesat wäert ginn. Här Minister, mir ënnerstëtzen dës wichteg Prioritéit fir eis Jonk als Gréng ausdrécklech!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Mir si gläichzäiteg mat dësem dréngenden an enorm daitleche Besoin konfrontéiert, mat enger Penurie u Psychologen a Psychiateren. Mir sinn och, an entschëllegt meng Frustrationen, nach ëmmer um Nokucke vun Tarifverhandlungen an Diskussiounen ronderëm de Remboursement vu psychologescher Hëllef.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Ech hunn dat an de leschten zwee Joer schonn e puermol ugemierkt an ech weess, dass der vill vun Iech hei am Sall genauesou frustréiert a verständnislos si vis-à-vis vun dësem Vide. A mir mussen dofir déi psychologesche Gesondheet vun eise Jonken op déi alleriewescht Plaz vun eise politeschen Efforte setzen.

Konkreet heescht dat: gratis Psychotherapie, méi Plazen an der stationärer wéi an der ambulanter Behandlung an eng breet opgestallt Jugendarbecht. Dat dierf net weider waarden an dat muss elo kommen als iewescht national Prioritéit fir eis Jonk!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Fir Jonker, déi hiert Doheem verloossen, brauche mer akut Kriseninterventioun, mee awer uschlëssend och laangfristeg Perspektiven. Strukture wéi d'Péitrusshaus mussen ausgebaut ginn, an och den Alter vun de Jonken, déi op Hëllef ugewise sinn, muss hei en compte geholl ginn. E Jonken, dee mat 19 Joer fort vun doheem geet, ass zwar legal gesi groussjäreg, mee huet awer och oft psychotherapeutesch Besoine wéi vläicht e 17-Järegen an där selwechter Situatioun. D'Adoleszenz hält nu mol net zack mam Alter vun 18 Joer op. A grad d'Transitioun an d'Erwuesseneliewen, an d'Aarbechtswelt an an déi ugespaant Logementssituatioun maachen et néideg, dass eng breet Offer fir vulnerabel Jonker iwwer 18 Joer an den néidege psychosozialen Encadrement kënne stattfannen.

Och mussen mer iwwer Jonker schwätzen, déi an der Prekaritéit sinn. Mir mussen iwwer Jonker schwätzen, déi oft hisichtlech vu multiple Krisen, verschidde Foyeren, onstabilem Doheem a schouleschen Defaite scho ganz fréi ganz vill Echecken erlieft hunn. Si hu schwéier Startméiglechkeeten an oft kaum professionell Perspektiven. Si sinn an engem groussen Risiko, fir op der Strooss ze landen oder toxikoman ze ginn. An hei muss de Staat preventiv agéieren. An do kënne d'Berufsbildungswierker an eng intensiv psychosozial Fërderung eng wichteg Etapp sinn, fir an enger ganz enker an nidderschwellegger Approche mat deene Jonken ze schaffen an un hiren Talenter ze schaffen, amplaz hir Schwächen ervirzehiewen. A genee dat ass jo vun der Regierung ugeduecht a geplangt.

Bei dësem Public mussen mer och ganz kloer iwwert d'Prekaritéit vun deene Jonke schwätzen, déi keen

Doheem fannen, déi aus Foyere fortginn an natierlech dann doduerjer am Logement mat ganz ville Schwierigkeete konfrontéiert sinn. Stand haut kënnen 18- bis 25-Järegere kee REVIS empfangen. D'Caritas fuerdert awer, dass dat, ënnert dem Erfülle vu verschidde Krittären, muss méiglech gemaach ginn. An ech mengen, dass dat eng Pist ass, déi mer mussen an der Politik iwwerdenken an och do d'Vergaangenheet evaluéieren, ob dat net ënner Krittäre muss méiglech gemaach ginn.

Ech wëll kuerz beim Thema Jugendwunne bleiwen an ech begrëssen, dass d'Zuel vu verschidde Wunnforme fir Jonker an deene leschte Joren daitlech an d'Luucht gaangen ass. Ob SLEMO, also Logement encadré vu Jonken, Jugendwunnengen a Wunnengemeinschaften, wéi beispillsweis vun der Wunnengshëllef offréiert, d'Thema Wunne betrëfft all déi Jonk, mee virun allem natierlech déi, déi an der Prekaritéit sinn. An do wollt ech den Här Minister froen, wéi d'Waardezäite sinn, fir Jugendwunnengen ze kréien, an ob nach weider Projekte geplangt sinn, fir Jonke Wunnméiglechkeeten unzibidden.

Mee déi Jonk sinn och vill méi allgemeng mat der Situatioun vum Logementsmarché konfrontéiert. E schnellen Astig an den Aarbechtsmarché ass nach längst keng Garantie, fir doheem kënnen erauszuplënnern. Mam neie Pacte Logement wäert an Zukunft méi bezuelbare Wunnumraum geschaaft ginn. A mat de Wunnengsbauprojekte wéi „NeiSchmelz“ oder „Wunne mat der Woltz“ hu mer eng Wunnengsbauffensiv agelaut. A grad Jonker sinn awer och drop ugewisen, dass mir d'Rechter vun de Locataire stäerken.

Dat geet awer nach net duer a mir brauchen do weinsten dréngend eng Reform vun der Grondsteuer an eng Spekulationssteuer, fir eidel stoend Wunnengen an Terrainen ze mobiliséieren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir wëssen heibannen alleguer, dass net jidderee mat deene selwechte Startméiglechkeeten an d'Liewe kënnt. Dofir mussen mer sozial Ongläichkeeten ofbauen, fir dass e Kand, wat en elengerzéien Elterendeel huet, net vun Ufank u méi prekär Liewensmännchen erlieft, fir dass Kanner vun Elteren, déi Schichte schaffen oder net de Sprooch vun den Hausaufgaben oder Prüfungen mächtg sinn, net per se defavorabel Konditiounen erliewen. An dësem Kontext wëll ech explizitt luewen, dass déi Jonk am Kader vum Tripartite-Accord och net vergiess goufen a souwuel déi jonk Studente wéi d'Léiermeedercher an d'Léierjongen och vis-à-vis vun der Präisdeierecht net vergiess goufen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Eng qualitativ héichwäerteg Offer fir déi Jonk, ob an der Schoul oder nieft der Schoul, an de Jugendhaiser, an de Klibb a Veräiner, dat ass dat, wat wierklech wichteg ass. Déi Jonk brauchen nämlech Raim, fir sech ze entfalten, fir kreativ ze sinn, fir sech auszutauschen a sech ofzegrenzen. An dofir mussen mer an eise Gemengen och Plaze schafen, wou Jonker sech kënnen treffen, wou se kënne Musek maachen, wou se kënnen chillen, wou se kënne Sport maachen a sech beweegen, wou se e „safe space“ hunn, mat Hëllef, déi do ass, a gläichzäiteg awer genuch Fräiraum, fir ënner sech ze sinn. Mir brauche Streetworker an digital Projeten, fir déi Jonk do ofzehuelen, wou se sinn. A virun allem awer, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mussen mir heibannen déi jonk Generatioun eescht huelen.

Här President, ech kommen esou lues zu menger Konklusioun. „The kids are alright“, sou endegt e bekannt Lidd mam selwechten Titel vun der brittescher

Band The Who. „The kids are alright“, dat soll heeschen, dass déi Jonk trotz alle Schwierigkeete vun hirer Zäit an trotz hire generationellen Ënnerscheeder an der Rei sinn. Méi nach, dass se gutt esou sinn, wéi se sinn. D'Museker vun The Who hu sech domadder géint e Kulturpessimismus a géint eng allgemeng Meprise vis-à-vis vun deene Jonke gerichtet, wéi se se deemools, 1965, gespuert hunn. Hire Message ass säitdeem zeg honnertfach a Lidder, Filmer an an anere Kulturwierker opgegraff ginn.

Wat deemools natierlech net gemengt war a wat och haut net ka gemengt sinn, ass, dass et all Kand gutt geet. Wéi a menger Ried duergestallt, gëtt et net eréischt säit der Pandemie vill Problemer, déi mir mussen als Politik eescht huelen an zesumme mat deene Jonken ugoen. Wat mir iwwer all deene berechtigten an dréngende Suergen awer och net dierfe vergiessen, ass de grouse Fazit vum Bericht iwwert d'Wuelbefanne vun deene Jonken, deen am März virgestallt gouf, nämlech, dass e groussen Deel vun eise Kanner hei am Land e ganz héijen Niveau vu Wuelbefannen opweisen an dass si an hirer Majoritéit upassungsfäeg, responsabel a wäitsichtg sinn. Dowéinst war et mir ganz wichteg, hei net mat enger Pathologie vu Problemer opzehalen, mee mat engem positive Message vun der Leeschtungsbereeschaft a vun der Capacitéit vun deene Jonken.

Si, déi Jonk, hunn eng politesch Meenung. Si hunn Erwaardungen un eis heibannen, un d'Gesellschaft, un eisen Émgang mat eise Ressourcen a wéi mer consomméieren an zesummeliewen. Si äusseren sech glécklecherweis, net ëmmer op eng Aart a Weis, déi jidderengem gefält, mee hir Meenung ass kloer an daitlech ze héieren, ob dat fir eng méi ambitiéis Klimapolitik ass oder fir méi veggie Alternativen an eise Schoulen, fir eppes géint déi horrend Präisser vun eise Wunnengen ze maachen oder mol manner Stonnen ze schaffen. Si äusseren hir Meenung och duerch d'Konscht, duerch Schoulstreiken oder andeems se sech politesch engagéieren an hoffentlech zu ëmmer méi de Wee an dëst héicht Haus fannen.

Léif Jonk: Indignez-vous! Haalt eis de Spiegel vir! Sidd haart an och heiansdo onbequeem! Mir brauchen dat heibannen. Eis Gesellschaft brauch dat.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Bernard. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e grouse Merci un den Här Marc Spautz, datt hien dëse Sujet op eis Dagesuerdnung gesat huet. Mir mussen eis an der Politik ganz intensiv ëm déi jonk Leit këmmern, well si sinn d'Zukunft vum Land.

Villes ass scho gesot ginn, deem mir als ADR eis kënnen uschlëssen. Duerch déi sanitär Kris si vill Kanner a Jugendlecher op verschidden Aart a Weis belastscht ginn. Dëst hunn och vill Experten hei zu Lëtzebuerg diskutéiert an och nogewisen. D'Pandemie, awer och a vläicht nach méi d'Restriktiounen souwéi de Lockdown hatten en negativen Afloss op déi mental Gesondheet vun deene Jonken. D'Konsequenzen waren dacks Angschtzustänn, Depressiounen a souguer vereenzelt Suicidedanken.

D'sozial Kontakter ware staark ageschränkt, d'Jugendhaiser ware laang zou an et gouf kaum Méiglechkeeten, fir sech ze gesinn oder eppes zesummen ze ënnerehuelen oder sech einfach mol nëmmen auszutauschen. An der Schoul war et komplizéiert an

dacks och relativ oniwwersichtlech. D'Reegele goufen ëmmer nees geännert an et war schwéier, mam Virus – dat muss een zouginn – ze plangen. D'Masken an d'Testpflicht hu vill Jonker engem Stressfacteur aus-gesat.

Gutt war, datt d'Schoulen zu Lëtzebuerg manner laang zou ware wéi an anere Länner. Dat ass hei am Land awer och besonnesch wichteg, well d'Schoul, virun allem de Precoce an de Fundamental, eng ganz wichteg Roll bei der Integratioun spillen. Et muss ee vill Elteren an d'Léierpersonal luewe fir hiren Asaz an hir Flexibilitéit, mat deene si de Schoulbetrieb doheem an iwwer Distanz konnten assuréieren. D'Konsequenze vun der Pandemie op de Bildungsstand vun de Kanner an deene Jonken waren doduerjer manner schlëmm, wéi een dat hätt kënne fäerten.

Här President, fir d'ADR ass et wichteg, datt d'Ängschten an d'Problemer vun deene Jonken eescht geholl ginn, a grad elo, wou mer aus der sanitärer Kris hoffentlech erauszekomme schéngen – wat awer nach an de Stäre steet –, misst dat méiglech sinn.

Wa mer wëlle realistesch sinn, muss mer zouginn, datt d'Pandemie an d'Restriktiounen bei ville Kanner a Jonke psychesch Spueren hannerlooss hunn. Duerfir muss mer virbereet sinn am Fall, wou et nach eemol zu engem änlechen Szenario géif kommen. Dowéinst wëlle mer och ënner anerem wëssen, wat d'Regierung am Kader vun der leschter Evaluatioun vun dem nationale Suicidepreventiounsplang ënnerholl huet. Eng Hauptkonklusioun vun der externer Analys war déi, datt et zu Lëtzebuerg vill ze verbessere gëtt, wat déi psychiatresch Prise en charge vu Patienten ugeet.

Déi lescht Etüd iwwert d'Gesondheet bei de Schoulkanner zu Lëtzebuerg, déi sougenannt HBSC-Etüd, geet schonn op d'Joer 2014 zrëck. Schon deemoools hate ronn 15 % vun de Jongen a Meedercher seriö iwwer e Suicide nogeduecht. An den aktuellen Analyse gëtt d'Schoul als e „secteur à risque“ beschriwwen. Zanter dem Ausbruch vun der sanitärer Kris ass dee Prozentsaz däitlech an d'Luucht gaangen. Dat weisen och d'Chiffere vum Kanner-Jugendtelefon. Do sinn duebel esou vill Appeller eragaange wéi virun der Kris. Méi wéi duebel esou dacks hunn och Jonker mat Depressionen a Suicidedanken ugeruff.

Här President, mir wëllen net, datt dat einfach esou weidergeet wéi bis elo. Betrafte Leit mat mentale Gesondheitsproblemer mussen hei am Land dacks och ze vill laang waarden, ier si e Rendez-vous kréie bei engem Psychiater. Zousätzlech sinn och d'Urgenzen net richteg ugepasst fir esou Leit. Mir denken, datt déi psychesch Gesondheet déi selwecht Prioritéit misst kréie wéi déi physisch Gesondheet. An dat ass fir eis eng Mussesaach, déi keen eidelt Versprechen däréi sinn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Kanner- a Jugendpsychiateren hu confirméiert, datt sech och nach aner psychesch Problemer an der Kris verstärkt hunn, zum Beispill Ängschtzustänn, Iessstéierungen oder Mediesucht. Speziell an der Kanner- an der Jugendpsychiatrie feelt et scho méi laang u Behandlungsméiglechkeeten. Dese Problem huet sech am Laf vun der Pandemie leider nach verstärkt.

Allgemeng gëtt et hei am Land e Manktum u Psychiateren, haaptsächlech och fir Jonker. Do feelt et och un Therapeuten, déi konkret um Terrain schaffen. D'Prise en charge vun engem Kand oder engem Jugendlechen ass vill méi komplex wéi bei engem Erwuessenen, well et muss mat den Elteren zesumme-geschafft ginn. Och dat direkt Ëmfeld ass wichteg an d'Schoul muss och a verschiddene Fäll matagebonne ginn.

Dem nationale Service vun der Jugendpsychiatrie feelt et virun allem un engem ambulante Service. Mat Jugendlechen, déi méi komplex Problemer hunn, wier et wichteg, méi spezifesch an intensiv ze schaffen. Dee Service misst och iwwert d'Land verdeelt ginn.

D'Situatioun, wéi se de Moment ass, léisst dorobber schléissen, dass d'Demande och an den nächste Jore warscheinlech net wäert ofhuelen. Ëmsou méi wichteg ass et eiser Meenung no, gutt Behandlungsméiglechkeeten unzibidden. Wann déi eenzel Problematike bis chronesch ginn, da kann dat spéider zu uerge Konsequenze féieren, wéi datt déi Jonk d'Schoul ofbriechen, keng Aarbecht fannen an net richteg Fouss faassen an der Gesellschaft. Mir mussen duerfir weider an déi jonk Generatioun investéieren. Dat ass eis als ADR besonnesch wichteg.

Här President, duerch déi restriktiv Coronamesuren ass et och scho bei méi klengen Kanner zu massive Stéierung kommen, wat hir Entwécklung ugeet. An Däitschland hunn eng Rei Spillschoulsjofferen ausgesot, datt si ëmmer nees erlieden, datt d'Kanner ëmmer nees Gesichter ouni Mond an ouni Nues molen. Och dat ass en Aspekt, deem am Kontext vun der formeller an informeller tëschemenschlechter Kommunikatioun an dem Léiere vu Sproochen net soll vergiess ginn.

D'ADR huet dowéinst ëmmer nees op verschidden Nodeeler vun enger Maskepflicht an de Schoulen opmierksam gemaach. D'Entwécklung vun der Sprooch, d'Mimik an d'Gestik vu ville klengen Kanner hu gelidden. Mir mussen aus eise Feeler léieren. Villes ass gutt gemaach ginn, awer viles ass och manner gutt gemaach ginn. An doraus muss mer da lues a lues léieren zéien. Dës Debatt ass eng, déi eis d'Méiglechkeet gëtt, fir emol roueg iwwert dese wichtegen Aspekt vun der Pandemie ze diskutéieren. Mir sollten hei am Haus nach méi dacks iwwert d'Problemer vun deene Jonke schwätzen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmoools, Här Engelen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madam Myriam Cecchetti. Madam Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) |** Merci, Här President. Merci, Här Spautz, fir dës Interpellatioun. Här President, d'Pandemie huet an eisen Aen déi systemesch Defiziter, déi schon existéiert hunn, nach méi däitlech gewisen. Dës Pandemie huet eis Kanner a Jugendlechen voll getraff. Si hate vill ënnert dem Lockdown an de sanitäre Moosnamen ze leiden. Si hu ganz vill vun hirer Autonomie a Participatioun um gesellschaftleche Liewen agebéisst.

Dat war deelweis vläicht net ze verhënnere, well d'Courbe vun den Infektiounen d'urgence huet misse gebremst ginn. Anerersäits huet sech iwwert dat lescht Joer ronderëm de sanitäre Pass en immens hostile Klima opgestaut, wou Geimpfter an Ongeimpfter openeegehetzt goufen duerch en onverantwortleche politeschen Discours. Déi spierbar Hostilitéit an Onge-wësshheet, déi hei an der Loft hangt, krute Jugendlecher a jonk Erwuessener ze spieren, andeems si vun Ausflich, verschiddene Sportskompetitiounen, Concerten, Theatervirstellungen a soss Veranstaltungen an hire Klibb a Veräiner ausgeschloss gi sinn, well se net geimpft waren.

Verschiddener hunn dowéinst vläicht souguer hir Kolleegen verluer. Esou en Drock an esou eng Form vu Bestrafung, well een op eemol marginal ass, geet un een. Hir mental Gesondheet huet immens dorënner gelidden, besonnesch als mannerjäreg jonk Persoun, well een deem einfach ausgesat ass a weider keng

Rechter akloe kann a well een net derfir kann, well zum Beispill den Tour vum Impfen nach ëmmer net un engem ass.

Här President, während dem Lockdown ware Kanner a Jugendlecher dem OKaju-Bericht no zu 10,5 % Af-fer vun haislecher Gewalt (veuillez lire: dem OKaju-Bericht no 10,5 % mol méi oft Affere vun haislecher Gewalt am Verglach zu 2019). Mir wëssen net, wéi wäit dës Zuel iwwert déi lescht Joren evoluéiert huet, well dës Donnéeën zu Lëtzebuerg nach ëmmer net systematesch erfaasst ginn. Dem OKaju-Bericht vun 2020 an 2021 no kéim een op 25 % Kanner a Jugendlecher, deenen hir physisch Integritéit menacéiert gi wier am Kader vun haislecher Gewalt. An och d'Demanden, fir Plazen an de Foyeren ze kréien, wieren nom Lockdown signifikativ geklommen, soudatt een do op eemol e Manktum u Plazen hat.

Och wann et net zu engem zweete Lockdown kouw, haten déi ekonomesch a gesondheetlech Repercussione vun deem éischte Lockdown e ganz staarken Impact op d'Verhalen an d'Mentalitéit vun de Leit. Datt d'Wonnen net verheelt sinn, gesäit een haut nach op ville Plazen. Et gesäit een et un de Statistiken iwwer sozial an ekonomesch Ongläichheeten. Direkt nom Lockdown konnt een nach keng Verschlimmerung vun den Ongläichheeten feststellen.

Punktuell Hëllefsmesurë vum Staat wéi de Chômage partiel, de Gel vun de Loyer an d'Eropsetze vun der Allocation de vie chère konnten deem fir eng Zäiten entgéintwierken. Ech betounen: „eng Zäichen“, well dauerhaft a strukturell Mesurë géint d'Aarmut goufe leider keng agefouert.

Fazit ass, datt dës Ongläichheeten viru Covid scho schlëmm genuch waren an datt genee déi Leit, déi Familljen an déi Jonk an dese Familljen, déi scho vun Aarmut betraff waren, d'Pandemie am meeschten ze spiere kruten, notament och méi gesondheetlech ugeschloe waren. Famillje mat Kanner a Jugendlechen, déi zesummen op engstem Raum an zum groussen Deel an insalubere Wunnengen hu missen zesummenhocken, dat ass och eng Realitéit zu Lëtzebuerg an den Ausdröck vun der Logementskris.

Här President, 23,1 % Kannerarmut an esou engem räiche Land wéi Lëtzebuerg, dat ass ganz schéin hefteg! Laut dem „Rapport travail et cohésion sociale“ vun 2021 vum dem Statec sinn Elengerzéiend mat méi wéi engem Kand bis zu 39 % dem Aarmutsrisiko ausgesat. Bal 60 % vun den Elengerzéiende mat e puer Kanner à charge hu Krämpes, um Enn vum Mount d'Enner beieneenzekréien. Bei zwee Erwuessene mat méi wéi engem Kand sinn et bis zu 30 %, an ënnert de Locataire läit den Taux bei 45 %. 26,5 % vun de Menagé kouden esou knapps iwwert d'Ronnen.

Zu Lëtzebuerg läit den neisten Zuelen aus dem „Panorama social“ no de Chômagetaxen bei de Jonken tëscht 15 a 24 Joer bei 16,5 %. Zu Lëtzebuerg ass de Chômage-risiko zweemol méi héich bei deene Jonke wéi fir de ganze Rescht vun der Populatioun. Iwwert déi lescht fënnf Joer huet sech d'Unzuel vu Jonken, déi fréizäitig d'Schoul ofbriechen, och net wierklech verklengert. Méi wéi een Drëttel vun de jonken Decrocheuren huet tëscht 16 an 18 Joer. Schoulofbroch, Jugendchômage, och ëmmer méi Jugendaarmut sinn eng Realitéit an eisem Land.

Déi jonk Generatioun ass am meeschten vun der prekärer Wirtschafts- an Ëmweltlag betraff, eng Pandemie, déi och nach eemol alles un d'Wackele bruecht huet, an elo e Krich mat grave Konsequenzen op d'Energiepräisentwicklung: D'Jugend vun haut huet et net einfach! Elo am Kontext vun de weider klammenden Energiepräisser klammern och d'Chargé beim Logement. Nieft Energieprimen an der



Verduebelung vun der Allocation de vie chère feelt et awer u Garantien, fir d'Kafkraaft vun de Leit oprecht-zeerhalten.

Déi Garantie ass mam Tripartite-Accord vun der Regierung schonn emol vum Dösch. Eng Opwärtung vun de Salarien, de Pensiounen, dem Kannergeld, alles dat wäert dann emol a Klammere gesat gi fir eng Zäitchen, nodeems déi lescht Indextranche fällt.

Dat bedeit awer fir vill Kanner a Jugendlecher, datt si a Stéit opwuessen, wou eng permanent finanziell Onsécherheet e grouse Schiet iwwer hir Zukunftschancë werft. Dat si ganz schlecht Viraussetzungen, fir gutt duerch d'Schoul ze kommen, an engem ongerechte Schoulsystem, dee sozial an ekonomesch Ongläichheete weider reproduzéiert. Här bleift Här a Max bleift Max!

Här President, et gesäit een unhand vum nationale Monitoring vun de schoulesche Leeschtungen, datt Covid e manner schlëmmen Impakt op d'Entwécklung vun de schouleschen Ongläichheeten hat wéi erwaart. Schlëmmeser konnt effektiv verhënnert ginn, well d'Schoulen zu Lëtzebuerg net esou laang zoubliwwe si wéi am Ausland. Mee awer hunn d'Leeschtungen vun de Schüler/innen ofgehol, virun allem am Däitschen a virun allem bei deenen, déi net déi bescht Viraussetzungen hunn, fir gutt duerch d'Schoul ze kommen, woubäi mer erëm zu der Konkusioun kënne kommen: Wie viru Corona Problemer hat, huet der elo net manner. Héchstwahrscheinlech manifestéieren déi sech emol esou richteg an den nächste Joren.

Fir d'Schüler/innen sinn déi negativ Repercussioune vun der Pandemie manner um Niveau vun der schoulescher Leeschtung ze gesinn, wéi um Niveau vun hirer mentaler Gesondheet ze erfassen. Ech soen „ze erfassen“, well am Beräich vun der Santé mentale vu Kanner a Jugendlechen nach Informatiounen feelen iwwert d'Evolutioun vun hirem mentalen Zustand, hiner psychescher Gesondheet virun, während an no Covid.

Fir d'Premiërschüler/innen a virun allem fir déi Jonk, déi hiert éischt Joer Uni am sanitären Noutstand hu missen ugoen, bleift dat eng traumatisches Erënnung. Laut dem Unicef-Rapport hu bei de Jugendleche 15,2 % schonn iwwer e Suicide nogeduecht a 7,7 % vun de Jugendlechen hunn eng Tentative de suicide gemaach. Ech mengen, dat soll eis zum Nodenke bréngen. Eng Enquête, déi de Jugendrot iwwert d'Zäitspan vu Februar 2020 bis Mäerz 2021 gemaach huet, seet aus, datt 47 % vun de Jonken a Jugendlechen d'Gefill hunn, hiet Wuelbefannen hätt sech säit der sanitärer Kris verschlechtert. Si fülle sech dépasséiert, méi ängschtlech a méi gestrest. Verschiddener hätte souguer ugin, datt si d'Gefill hunn, si géifen hir Jugend verpassen.

Engersäits konnte si wéinst de sanitäre Mesuren effektiv eng Zäit net méi virun d'Dier an un hiren üblechen Aktivitéiten deelhuefen, déi eng Jugendkultur ausmaachen. Anerersäits ware si an där Alterskategorie vu 15 bis 29 Joer, déi sech am meeschte mat Covid ugestach huet, mat 154 Fäll op 100.000 Awunner. Dat war also eng zweesäitig Belaaschtung vun hirer Gesondheet: psychologisch a physisch.

Här President, wat geschitt ass, ass geschitt. Mir mussen elo endlech virukommen! Den Ukrain-Krich, d'Energieknappheet, Liwwerengpäss beim Baumaterial a bei verschiddene Liewensmëttel katapultéieren eis erëm a ganz aner Krisensituatiounen, ier mer et iwwerhaupt fäerdigbruecht hunn, den Auswee aus der viregter sanitärer Kris ze fannen, des opzeschaffen an och Konkusiounen doraus ze zéien.

Mir hunn et d'ailleurs och nach net fäerdigbruecht, den Auswee aus der Klimakris ze fannen. Dovu gëtt hei och bal net méi geschwat. Vläch hunn

d'Regierungsmembere weltwäit dat schonn opgin. Et wierkt op d'mannst esou.

Här President, Demotivatioun, dat ass héchstwahrscheinlech dee wäitverbreetste Kollateralschued vun de multiple Krisen, déi eis Gesellschaft grad rëselen. Wat ee Moment nach gewierkt huet wéi eng weltwäit Erkenntnis, datt mer elo dréngend mussen eis Gesellschaft veränneren, datt elo d'Geleeënheet dofir ass, datt alles misst méi lues goen, datt et sënnavoll Aarbechte gëtt, op déi mer net kënne verzichten an déi e bessere Stellwäert an eng besser Bezuelung mussen kréien, datt mer mussen eis Ëmwelt respektéieren an datt mer solidaresch mussen sinn, fir d'Krisen ze bewältigen, alles dat ass scho säit engem Joer duerch d'Päif!

An och dofir sinn de politeschen Discours an déi politesch Tateloosgeet verantwortlech. Keng richteg Taten treffen op déi Wieder, déi am Ufank vun der Pandemie grouss erausposaunt gi sinn op den offizielle Pressekonferenz vun der Regierung.

Keng Aufgabe sinn anstänneg gemaach ginn: Tate fir d'Bekämpfung vun der Logementskris, vun där déi Jonk an Elengerzéien am meeschte beträff sinn, keng Taten am Beräich vun der Klimapolitik, déi och effektiv eppes géint de Klimawandel kënne bewierken, kee Paradigmewissel bei der Gesondheitspolitik, déi sech einfach weider op d'Liberaliséierung vun Gesondheitswiesen astellt, ...

*(Interruptions)*

... keng Opwärtung vu Paien an essentielle Berufler, keng universell Zougäng zu enger universeller mentaler Gesondheitsfleeg. Säit zwee Joer schwätze mir vun der Pandemie an hire Repercussioune. Säit zwee Joer gëtt gesot, mir missten erëm zrëck an d'Normalitéit fannen!

Här President, mir profitéiere vun dëser Interpellatioun, fir en Appell un d'Regierung ze maachen, der Jugend déi néideg Moyenen a Liewenskonditiounen ze bidde fir eng liewenswäert Zukunft. Gläichzäiteg appelléiere mer awer och un d'Jugend selwer, sech ze manifestéieren, sech ze wiere géint de Status quo, sech aktiv a Mouvementer a Politik fir eng besser Zukunft ze engagéieren. Do läit ganz vill Hoffnung: an der Jugend!

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Här President, léif Kolleege, d'Pandemie a besonnesch d'Zäit vum Confinement hunn eis allegueren zougesat. Besonnesch fir d'Kanner an déi Jonk war et eng ganz schwierig Zäit, déi mat villen Ängschten a Suerge verbonne war an och mat Momenter, an deenen ee sech eleng gefillt huet oder vläch och einfach nëmmen immens gelangweilt huet.

Mee d'Pandemie war fir verschidde Famillen och eng Chance, eng Chance, fir endlech emol nees Zäit kënnen zesummen ze verbréngen, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement (Piraten)** | ... an och e Moment, an deem ee sech emol nees bewosst ginn ass, wéi wäertvoll déi eege Gesondheet an déi vun der Famill an de Frënn engem sinn. D'Pandemie gouf deemno net vu jidderengem a gläicher Weis wouergeholl an duerfir ass et ganz interessant, e Bléck op déi lescht Studien ze werfen, déi sech mam Bien-être vun de Kanner an de Jonken an deene leschte Jore beschäftegt hunn, an d'Resultater hei ze diskutéieren.

Ech soen duerfir de Kolleege vun der CSV a ganz besonnesch dem Marc Spautz villmools Merci, datt se dës Interpellatioun ugefrot hunn. Eng Interpellatioun, déi jo e bëssen op sech waarde gelooss huet, nodeems d'Demande scho viru méi engem Joer eragereecht ginn ass an d'Pandemie awer ëmmer weider ugehalen huet, esou datt et nach net méiglech war, Konkusiounen ze zéien.

Ob et haut da scho souwäit ass, Konkusiounen ze zéien? Et ass vläch Zäit fir den éischte Bilan, mee déi final Konkusiounen, fäerten ech ganz, wäerten nach e bëssen op sech waarde loosse.

Haut hu mer dann awer elo endlech d'Chance, op déi akut Phas vun der Pandemie kënnen zrëckzeblécken, an dat ass enger zimmlech stabiler sanitärer Situatioun. An dat freet eis natierlech allegueren. Wat kënne mer also haut, e bësse méi wéi zwee Joer nom Ausbroch vu Covid-19, iwwert d'Situatioun vun de Kanner a Jugendleche während der Pandemie soen?

Wéi ze erwaarde konnten d'Etüde weisen, datt d'Pandemie e kloren Afloss op d'Wuelbefanne vun de Kanner hat, mee et huet sech awer och gewisen, datt Kanner a Jonker immens upassungsfäeg sinn a sech no der Phas vum Confinement Weer gesicht hunn, mat der Situatioun eens ze ginn, esou datt hiet Wuelbefanne sech awer no engem éischte Creux erëm verbessert huet. An elo, wou et nees manner Restriktiounen gëtt, hunn déi Jonk och nees séier zu hiren ale Gewunnechten zrëckfonnt.

Mee och wann et hinnen elo nees besser geet, waren déi lescht Joren net einfach. Déi Jonk hu während der Pandemie de Kontakt mat hire Frënn vermësst an hunn oft um eegene Kierper erlieft, wéi belaaschtend et ka sinn, wann et engem psychesch net gutt geet, och wann de Kierper physisch gesi gesond ass.

Dat huet d'Thema vun der mentaler Gesondheet an de Fokus vun dem Interessi vun deene Jonke gesat, an dat ass en Interessi, deen d'Politik op alle Fall eescht huele muss an op deem opgebaut muss ginn. Datt d'Thema fir déi Jonk wichteg ass, huet een an de leschte Sëtzunge mam Jugendparlament gesinn. An et gesäit een et och an de Schoulen, wou Schüler/innen a Schüler sech ëmmer méi zu Wuert mellen, wann et drëms geet, wéi de psychologischen Accompannement an de Schoule kéint verbessert ginn.

Verlaangt gi Servicer, déi op d'Schülerinnen an d'Schüler duerginn an net waarden, bis ee bei si kënnt, en Encadrement, wat ganz natierlech an de Schoulalldag soll agebonne ginn a keng stigmatiséierend Visitt nom Unterrecht am Büro vum Schoulpsycholog, wou een nach zousätzlech gestrest gëtt, well ee fäert, datt d'Kolleege um Gank vläch kéinte gesinn, wéi een do an dee Büro erageet. Dat si ganz konkret Proposen, léif Kolleege, déi ëmsetzbar sinn a wou een definitiv op déi Jonk sollt lauschteren.

Nieft enger Adaptatioun vun der Betreierung an de Schoule muss awer och d'ausserschoulesch Prise en charge verbessert ginn. An dat bedeit, datt d'Verhandlung ronderëm de Remboursement vun der Psychotherapie net méi weider kënne schleefe gelooss ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement (Piraten)** | An der Äntwert op eng rezent parlamentaresch Fro vu mir gouf gesot, datt déi nächst Verhandlungssëtzungen tëscht der FAP-SYLUX an der CNS jo fir Ufank Juni 2022 ugesat gi wieren. Mir sinn elo Métt Juni 2022 an ech hunn nach näischt Neies héieren. Sinn d'Verhandlung sech weidergefouert ginn? Falls jo, wou sti mer? Dat wäre Froen un de Minister fir d'Sécurité sociale. Vläch gesi mer jo an deenen nächste Wochen a Méint, wat

do erauskoum. Vlächet huet awer och de Minister fir d'Éducation nationale fir säi Kolleg gutt Nouvellé matbruecht. D'Hoffnung stierft bekannterweis zu lescht.

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Vill Leit am Land waarden op dësen Accord an dorënner sinn eeben och vill Jonker. Et kann net sinn, dass hei zu Lëtzebuerg d'Psychotherapie nach ëmmer deene virbehalen ass, déi et sech leeschte kënnen, oder am Fall vu Jonken, deenen hir Eltere sech et leeschte kënnen, pro Therapiestonn méi wéi 100 Euro op den Dësch ze bliedern, während all déi aner ouni Hëllef auskomme mussen, well déi Servicer, déi een net aus eegener Täsch bezuele muss, esou hoffnungslos iwwerlaf sinn, dass se emol keng Waardelëschtelplaz méi ubidden.

Fir vill Kanner a Jonker war d'Famill während der Pandemie duerfir e wichtege Anker, dee Stress reduzéiere konnt a Sécherheet an onsécheren Zäite vermittelt huet. Mee net fir jiddereen: 53 % vun de Befroten aus enger Etüd ënnert den 8- bis 12-Järegen zu Lëtzebuerg hu während der Pandemie der Ausso zougestëmmt, dass hir Eltere méi ugespaant a besuergt gewiescht wieren bezéiungsweis méi streide géife wéi virun der Covid-kris. An dat ass kloer eng Belaaschtung fir d'Kanner.

Geneesou wéi och déi finanziell Suergen, déi vill Eltere während der Pandemie haten, net spuerlos un de Kanner laanschtgaange sinn: Kanner, déi en niddregen Niveau de bien-être an der Etüd gewisen hunn, koumen duebel esou oft aus Famillje mat Geldsuerge wéi d'Kanner mat engem héije Wuelbefannen an hunn duebel esou oft an enger Famille monoparentale gelieft. An et si jo grad dës Familljen, déi och am meeschte vum Aarmutsrisiko betraff sinn.

Dat weist kloer, dass et och net kann duergoen, just eng Prise en charge vun de Kanner ze maachen, wann hir mental Gesondheet bis broochläit, mee dass een de Problem doriwwer eraus och un der Wuerzel muss upaken.

Natierlech, et gëtt villfälteg Grënn, déi d'Wuelbefanne vu Kanner a Jonken negativ beaflossen, an net all Facteur ka politesch beaflosst ginn. Mee grad de finanziellen Drock, deen op den elengerzéienden Eltere läit an deen de Stress erzeuge kann, deen och d'Kanner erliwwen, kéint duerch politesch Mesurë reduzéiert ginn.

Säit Jore weise mer dorop hin, dass eise Steiersystem ongerecht ass, well e verschidde Familljemodeller begënschtet an anerer benodelegt. De Fall vun de Monoparentallen an de Wittleit ass dobäi deen offensichtlechsten an hei kënnen och vill kleng Aiden ...

*(Interruption provenant d'une vidéo sur portable et hilarité générale)*

An hei kënnen och vill ...

*(Hilarité)*

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Loosst Iech net ënnerbriechen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här Cruchten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

*(Hilarité)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Et deet mer leed, heiansdo léisst ee sech awer aus dem Konzept bréngen.

De Fall vun de Monoparentallen an de Wittleit ass dobäi deen offensichtlechsten. An hei kënnen och déi vill kleng Aiden, déi ausgeschott ginn a vun deenen d'Regierung esou gäre schwätzt, d'Ongerechtegkeet

un der Basis net ausgläichen. Hei muss eng Steuerreform hier. A wann déi grouss Steuerreform krisebédängt dann net ka kommen, da mussen eeben iwwergangsweis punktuell Ännerunge kommen, well d'Leit waarden! An domadder och d'mental Gesondheet vun hire Kanner!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ier ech zum Schluss kommen, wëll ech dann awer nach op e lescht Resultat aus de Lëtzebuergeschen Etüden agoen, an zwar dat, dass et fir d'Wuelbefannen net wichteg ass, wéi vill strukturéierten Aktivitéiten e Kand nokënn, mee just, dass et Aktivitéite gëtt. D'fräit Spill mat de Frënn un der frëscher Loft oder gemeinsam en Tour mat der Famill um Vëlo dinn de Kanner geneesou gutt wéi e Cours. Leider hu vill Kanner fir esou fräi Aktivitéite mat der Famill haut awer guer net méi esou vill Zäit, an dat deet hiren Elteren an hinnen oft leed. D'Kanner sinn an der Schoul, ginn an d'Maison relais a si vlächet och nach an engem Veräin an d'Eltere sinn op der Aarbecht. Do bleift ënnert der Woch net méi vill Zäit fir gemeinsam Aktivitéiten. Während der Pandemie war dat anescht an – ech sot et am Ufank – dat hu vill Leit genoss.

Leider hu se awer elo net méi de Choix, ob se léiwer wëlle manner schaffen, fir bei hiren Famill ze bleiwen. Si mussen nämlech schaffen, well se soss net iwwert d'Ronne kommen. An da si mer erëm beim Constat, dass Kanner aus Famillje mat finanzielle Suergen och iwwerduerchschnëttlech oft e schlecht Wuelbefannen haten.

Mir Piraten fannen, dass een deene Leit, déi aus der Pandemie d'Léier gezunn hunn, dass se léiwer méi Zäit mat hiren Famill wëlle verbréngen an duerfir op staatlech Betreuungsstrukture verzichten wëllen, dës Optioun sollt ginn. Déi Suen, déi de Staat spuert, well en net fir d'Betreiung vun de Kanner muss opkommen, sollten den Elteren a Form vun engem bore Chèque-service accueil ausbezuelte ginn, fir dass si sech et esou kënne leeschten, sech et kënnen erlaben, manner Stonnen ze schaffen. A wie seng Kanner léiwer an eng Crèche oder Maison relais wëll ginn, dee soll dat och weider mam klassesche Modell vum Chèque-service accueil maache kënnen.

Et geet net drëms, ee Modell ze favoriséieren, mee de Leit e Choix ze loosse, e Choix, bei deem d'Kanner a béide Modeller glécklech opwuesse kënnen, mee dat virun allem dann, wann d'Famill sech och mam Betreuungsmodell wuel fillt. Ass dat net de Fall, da gëtt d'Betreiung zum Stressfacteur fir d'Elteren. An dat mierken dann och ganz séier d'Kanner an da gëtt hiert Wuelbefannen onnéideg reduzéiert.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir kënnen aus der Pandemie also méi wéi eng Léier zéien, fir d'Wuelbefanne vun de Kanner a Jugendlechen an Zukunft nach weider ze verbesseren. An ech hoffen, dass mer dës Chance net ongenotzt wäerte versträiche loosse.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Paul Galles. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President. Ech maachen et och ganz kuerz. Ech hu mam Marc Spautz zesummen dat Thema vun der Jugend behandelt a mir hunn eis dat e bëssen opgedeelt. De Marc Spautz huet dat ganz Strukturéiert gemaach. Dir hutt dat och virdu gemierkt, dass en déi eenzelen Theemen allegueren ofgedeckt huet. An ech hunn em einfach gesot: „Ma da ginn ech e bësse kucken an deenen Entrevuen, déi mer haten“, oder déi ech och selwer du gefouert hunn. An ech hunn e bësse

gekuckt, wat do gesot ginn ass, nämlech esou e puer Beispiller, déi vu Jonke selwer komm sinn, déi awer ganz spriechend sinn an déi eis duerchaus kënnen hëllefen, e bësse méi wäit ze denken.

Héchstwarscheinlech ass et jo esou, dass mer alleguerten iergendwou heibannen och mam Thema verbonne sinn, well héchstwarscheinlech kee vun eis heibannen ass, deen net iergendwou an der Famill oder am méi wäite Bekanntekrees oder souguer am noe Bekanntekrees iergende Jonken huet, dee vun der Thematik betraff ass, a jidderee ganz gutt kann novollzéien, dass et de Leit, deene Jonken net gutt geet. Et ass e seriöt Thema an et sinn tatsächlech eng ganz Rei Jonker do, deenen et net esou gutt geet.

Et ass en enorm vast Thema. Dat hunn ech och elo einfach festgestallt. Vill vun Iech hu ganz vill Saache gesot, an dat ass héchstwarscheinlech e grouse Puzzle, dee mer herno hei zesummen nach an deenen nächste Méint, am nächste Joer kënnen diskutéieren. Ech deelen do och dem Francine Closener an dem Jeff Engelen hir Hoffnung, dass mer haut net fir d'lescht iwwert dat Thema geschwat hunn.

Ech wëll just nach an d'Ronn werfen: Et si ganz vill Zuele genannt gi vu Jonken, déi iergendwou eng Kéier gefrot gi sinn, wéi et hinne geet. An ech gouf drop higewise vu Leit, déi mat Jonken zesumme schaffen, dass et eng Generatioun vu Jonke gëtt, dat sinn esou déi 11 bis 14 Joer, déi esou am entwécklungspsychologesche Sprong sinn, fir eeben eng méi objektiv Weltwarnehmung ze kréien an déi eigentlech net wëssen, wat e „Vorher“ ass, déi elo just hir Situatioun erliwwen a se net kënne richteg vergläiche mat enger Warnehmung virun, well dat eeben elo entwécklungspsychologesch eng Ännerung vun der Warnehmung ass. An déi liewen – wéi déi Leit mir gesot hunn – ganz oft ganz isoléiert, sinn iergendwéi an de Kannerschong stieche bliwwen, konnten iergendwéi net weider den nächste Schrëtt maachen a verstinn net, dass dat geschitt ass, kënnen net novollzéien, dass hinnen do tatsächlech e Schrëtt feelt. An ech mengen, och dat sollte mer net aus dem Bléck, sollte mer net vum Schierm verléieren.

Wa mer vun deene Jonke schwätzen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, da wënsche mer hinne jo allegueren, dass et hinne gutt geet – „Wuelbefannen“, dat ass jo och déi Etüd, déi mer gemaach hunn –, a ganz vill vun den Etüden och ronderëm beschäftege sech ëmmer mam Wuelbefanne vun deene Jonken. A Jonker fille sech ganz besonnesch da wuel, wa se gutt Ressourcen hunn: Famill, gutt Frënn, wa se iergendwou d'digital Medien esou kënnen notzen, dass et hinnen eppes bréngt.

Ech hunn zum Beispill am Gespréich mat deenen zwee Scoutsverbänn erlieft, wéi wichteg et ass, dass se Wäerter hunn, déi se kënne mat aneren deelen, déi se kënnen ëmsetzen, a wéi déi Wäerter och hëllefen, esou e Verband zesummenzehalen.

Oder zum Beispill d'Jugendpompjee sote mer: „E Pompjee ass ëmmer bereet, am Liewen eppes bäizeléieren.“ A si hunn dat esou interpretéiert, dass se gesot hunn: „Souguer wann eng Kris kënn, ass dat eigentlech eng positiv Motivatioun, eppes bäizeléieren aus där Kris an doraus e Schratt méi staark erauszegoen.“ Wäerter, bezéiungsweis wann ee gutt Ressourcen huet, wéi wichteg dat fir déi Jonk ass!

Et ass wichteg fir déi Jonk, esou Ressourcen ze hunn, fir sech dann am Liewen ze qualifizéieren, fir e Schrëtt weiderzegoen. An do sinn der ganz vill ... D'Première war haart, den Ofschluss war haart, fir eng Rei vun deene Jonken ass d'„gap year“ ausgefall, dat se sech eigentlech virgeholl haten, oder fir anerer ass e finanziellen Niewenertrag ewechgefall, dee se gebraucht



hunn, fir sech kënnen iwwer Waasser ze halen, esou wéi se dat wollten.

Fir vill vun hinnen ass et wichteg, eeben elo déi Phas ze maachen, fir sech ze verselbstännegen, fir dee Schrëtt weiderzemaachen. An do sinn der ganz vill an deem Sprong, dee se wollte maachen, staark gehemmt ginn.

Dat selwecht zielt natierlech och – an dat gouf hei ganz vill opgezielt – fir den Iwwergang an de Studium, déi Transitioun och an d'Aarbecht, an d'Aarbechtswelt, d'Engagement an der Gesellschaft, an dann natierlech och fir d'Grënnung vum eegene Liewensprojet mat Famill, mat Partnerschaft, vläicht mat Kanner, mat Haus a mat engem feste Beruff, an fir dann och eng Zukunft ze plangen.

Et ass interessant: Déi Pandemie – ech hunn de Jugendbericht genau am Detail gelies – huet jo eigentlech derzou gefouert, dass e grouse Kontrollverloscht komm ass bei deene Jonken. An dat ass wierklech ganz seriö ze huelen, well de Jugendbericht weist am Detail op, wéi dee Kontrollverloscht ausgesäit a wéi déif a wéi dramatesch e fir eng ganz Rei Jonker ass.

Dee Kontrollverloscht huet och derzou gefouert, oder deen huet als weider Konsequenz gehat, dass déi sozial Ongläichheeten – an dat ass hei och de Mëtteg schonn ëfters gesot ginn –, sech verdéift hunn duerch eng Kris, déi kënnt. An natierlech: Déi, déi besser opgestallt sinn, déi kënnen dat besser verkraafte wéi déi, deenen et net esou gutt geet.

Dat ware Facteure wéi zum Beispill den Homeschooling oder dass keng Fräizäitaktivitéite méi matenaner méiglech waren, mee dass ee méi isoléiert war, oder och d'Ängschte virun der Transitioun, déi ee soll maachen a säi Liewen eran, déi Perspektiven, déi ee wëll hu fir a säi Liewen eran. Dat waren déi Facteuren, déi bei deene Jonke besonnesch derzou gefouert hunn, dass déi eng gutt domat eens gi sinn, well se eng gutt, stabill Ausgangssituatioun haten, an anerer haten dat eeben net.

An da gouf et awer zwee Facteuren – an dat huet mech ganz stutzeg gemaach –, déi eigentlech derzou gefouert hunn, strukturell, dass iwwerhaupt esou sozial Ongläichheete sech verstärkt hunn. Dat eent ass de sozioekonomesche Grondstatus. Dat ass eppes, wat mer alleguete kennen a wat mer alleguerten och ëfters thematiséiert hunn a wat eis alleguerten och duerfir ganz staark um Häerz läit.

An et gouf awer nach en anere Facteur, deen am Jugendbericht eng interessant Roll gespillt huet: nämlech en genderspezifesch Ennerscheid. An dat ass awer interessant. Do ass nämlech gesot ginn am Jugendbericht, dass d'Meedercher an déi jonk Fraen insgesamt och grad während der Pandemie méi Interesse gewisen hu fir hiert Wuelbefannen a fir hir Gesondheet wéi d'Jonken an déi jonk Männer. Meedercher a jonk Fraen schätzen awer dowéinst – also well se sech méi derfir interesséieren – héchstwahrscheinlech hir Gesondheet och manner gutt an a si méi sensibel drop, wann et net esou gutt fonctionéiert, wa se mierken, dass hir Gesondheet net esou ass, wéi se dat gären hätten.

Et ass och esou gewiescht – dëst stellt de Jugendbericht och fest –, dass méi psychesch Erkrankungen diagnostizéiert goufe bei de jonke Fraen a bei de Meedercher wéi bei de Jonken a bei de jonke Männer. Dat ass héchstwahrscheinlech drop zréckzeféieren, dass tatsächlech d'Meedercher an déi jonk Frae méi sensibel, méi opmierksam fir dat sinn, wat hir Gesondheet ausmécht.

Et ass och interessant, dass gesot gëtt, dass d'Jonken an déi jonk Männer zwar insgesamt méi iwwergewichteg si wéi jonk Fraen a Meedercher, mee dass

d'Meedercher an déi jonk Frae méi drënner leiden a méi den Androck hunn, iwwergewichteg ze sinn oder e puer Kilo méi ze hunn, wéi d'Jonken.

Dat heescht, do ass eng genderspezifesch Approche, déi tatsächlech och eng Ongläichheet duergestallt huet während der Pandemie, an dat huet mech ganz staark interpelléiert, well et ee vun deenen zwee grouse Facteure war, déi am Jugendbericht genannt goufen.

D'Pandemie huet also sozial Ongläichheete verschäerft, déi virdru schonn do waren, an huet héchstwahrscheinlech d'Verhältnisser dann dee Moment nach méi schlëmm gemaach.

Ech ka mech zum Beispill un en Austausch erënneren, un e Gespréich, wou och e puer Beispiller genannt goufen, déi ganz markant sinn, zum Beispill dat vun enger Famill, wou d'Eltere sech während der Pandemie getrennt hunn, wou awer deen een Elterendeel, an deem Fall de Papp, well einfach keng Wunneng méi ze fanne war an och déi ganz Pandemie derzou gefouert huet, dass dee Marché einfach net méi richtig accessibel war, huet missen doheembleiwen an et zu enger onméiglecher Atmosphär komm ass doheem, wourënner besonnesch déi Jonk an deem Moment gelidden hunn.

Oder dat anert Beispill, wou engem Jonke seng Elteren allen zwee Independantë sinn, allen zwee ënnert der Kris gelidden hunn an dee jonke Mënsch dunn higaangen ass a probéiert huet, duerch en Nieweverdëngscht den Elteren ze hëllefen, fir finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen. Oder och dee Fall, wou Jonker niewebäi schaffe gaange sinn – hu misse schaffe goen, wéi zum Beispill an deem heite Fall, awer och an anerem – an da selwer hu missen dowéinst Schoul oder Studium ofbriechen, well se net déi zwou Saache konnte matenee maachen. Déi ganz Kris huet tatsächlech eng ganz Rei Jonker a schwiereg Situatiounen bruecht.

An da muss een, mengen ech, nach derbäisoen – an dat däerf ee wierklech net aus den Ae verléieren, an dat krut ech och ëmmer erëm gesot –: Déi Jonk erliewen déi Situatioun hei wéi eng Kaskad vu Krisen, en Unenanerree vu verschidene Krisen, déi alleguerten am selwechte Moment iergendwéi elo zesummespillen. Déi éischt Kris, déi se ëmmer erëm beschäftegt a scho beschäftegt huet – an dat wësse mer – ass d'Klimakris. Si ass weiderhi virulent bei hinnen, souguer wann och Jonker ënnerschiddlech Warneemungen hu vun der Klimakris, mee et ass en Thema, wat bei deene Jonke weiderhi ganz staark vertrauten ass.

Dann de Krich, deen do derbäikomm ass, wou ech mer soe gelooss hunn, dass eng ganz Rei Jonker sech doropshin d'Fro gestallt hunn, ob hiert Liewen op dëser Welt, déi esou ee Krich féiert, iwwerhaupt nach e Sënn mécht! Dann déi Pandemie, iwwert déi mir elo grad schwätzen. Dann déi sozial Ongläichheeten, déi zum Beispill och perspektivesch natierlech e Problem sinn! Wann s du net weess als Jonken, ob s de jeemoos eng Wunneng wäerts kréien, ob s de jeemoos wäerts e gudder Beruff kréien, wou s de kanns déi Sue verdéngen, déi s de braucht, fir zu Lëtzebuerg iwwert d'Ronnen ze kommen, dann hues du perspektivesch e Problem.

An déi fënneft Kris, déi ëmmer erëm genannt ginn ass, dat ass esou eppes wéi eng Politikverdrossenheet. An déi steet och iwwregens am Jugendbericht, wou drasteet, dass dat Vertrauen op de „caring state“, also op de „Versorgerstaat“, besonnesch bei deene Jonke mat sozioekonomeschen méi schwachem Hannergrond ëmmer méi ofhélt: Ech vertrauen den Institutionen, mee ech hunn eigentlech keng Orientéierung méi an der Gesellschaft. U wie soll ech mech nach halen? Wie këmmert sech hanner um Enn nach em mech?

Wann ech deene Jonken do gutt nogelauschtert hunn, déi mer déi dote Kaskad vu Krisen erkläert hunn, dann hunn ech wierklech eng staark Perspektivlosegkeet eraushéieren oder ... An ech zitieren an ech soe bewosst, et ass en Zitat, et ass net vu mir, mee vu Jonken, déi mir gesot hunn: „An all deene Krisen hu mir als Jonker iwwerall d'Aarschkaart gezunn! Mir sinn déi, déi ëmmer iergendwéi als Lescht kommen!“ Dat ass e Grondgefill. An dat Grondgefill, mengen ech, dat muss mer ganz seriö huelen! An dat ass einfach ..., jo, voilà, dat ass en Opruff un eis alleguerten, dëst Thema weiderhi ganz virulent, aktuell ze halen.

D'Luisa Neubauer, dat ass, mengen ech, esou eppes wéi dat däitscht Greta Thunberg, huet eng Kéier am Kader vun enger ganz anerer politescher Diskussioun gesot, dass et sech net méi wéilt richtig op déi Diskussioun aloossen, well et sech no all deene Krisen an der Reaktioun vun der Politik op d'Krise vun der Jugend net méi sécher wär, ob d'Politik et wierklech mat deene Jugendlechen esou gutt wéi méiglech mengt, ob se wierklech dat Bescht fir déi Jonk wëllt.

Dat ass einfach e Constat. Ech huelen deen an ech mierken, dass vill Jonker mir dat selwecht gespéigelt hunn, dass se gesot hunn: „Mir sinn eis net sécher, ob mer hei wierklech nach gehéiert ginn.“

Ech deduzéieren doraus – léif Kolleeginnen a Kollegen, ganz séier zum Schluss – e puer konkret Punkten. Här Minister, an ech ginn Iech déi dann och mat op de Wee, well et sinn e puer konkret Saachen. Ech huele se einfach esou, wéi se mer gesot gi sinn, an ech hunn dofir och eng Motioun virbereet. Déi hunn ech zwar elo grad do leie gelooss, ech muss dann iergendwéi kucken, dass ech do nach drukomme mat mengem laangen Aarm.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

E puer Saachen, déi gesot gi sinn ...

*(M. Roy Reding passe la motion à M. Paul Galles.)*

Merci, Här Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Do bräicht Der en extreem laangen Aarm.

**M. Paul Galles** (CSV) | Et ass och nach déi richtig. Merci!

*(Hilarité)*

**Une voix** | Huet hie se geschriwwen?

**M. Paul Galles** (CSV) | Nee, dat kann ech Iech versécheren.

Déi Saachen, déi ech hei nach opgeschriwwen hunn: Éischtens, Jonker wënsche sech eng institutionaliséiert Form, wou se kënnen während enger Kris der Politik hir Meinung soen. Ech weess, et gëtt Jugendparlament, et gëtt Jugendrot, et gëtt alles, vläicht kënnen mer soen: „Dat hu mer!“, mee ech sinn ëfters domat konfrontéiert ginn: „Mir wënschen eis eng institutionaliséiert Form.“

A vläicht kann een do jo eng Kéier méi wäit goen a sech och als Politik iwwerleeën, ob mer net einfach esou eppes maache wéi e Programm „Jugend 2032“, an zéng Joer, oder „Jugend 2040“, an 18 Joer, wou mer soen: „An deenen nächsten 10 oder 18 Joer kucke mer mol eng Kéier all eis Gesetzter mat engem Jugendnohaltgekeetscheck.“ Wat ass eigentlech an deene Gesetzter elo fir déi Jonk dran, déi besonnesch an enger schwieriger Situatioun sinn? Ech hunn dozou keng Motioun, ech wëll dat do och elo net diskutéieren. Et ass einfach eng Iddi, déi ech esou an de Raum setzen.

Eppes Zweetes ass déi genderspezifesch Approche. Ech mengen, dass dat a ganz wichtige Punkt ass, wann et drëms geet, déi psychologesch Hëllef unzëbieden, déi mer elo och eigentlech praktesch alleguerten hei gefuerdert hunn.

Dat Drëtt ass de Mangel u psychologescher Hëllef oder och de Mangel u Psychologen zu Lëtzebuerg, déi elo kënnen zur Säit stoen.

Dat Véiert, wat ech matgedeelt krut, dat ass, dass sech eng Rei Leit eng Etüd wënschen iwwert d'NEETS. Dat sinn déi Jonk, déi net an enger Education sinn, an engem Training oder an iergendengem Employment, dat heescht, déi Jonk, déi oft ënnert dem Radar funktionéieren, déi mer net méi ze gräife kréien, well se néierens richteg registréiert sinn, vun deene mer net genau wëssen, wou se sinn, wéi vill et der sinn. Eng Etüd doriwwer, wéi vill et där ginn – ech weess net, Här Minister, ech ginn Iech déi Iddi einfach emol mat op de Wee. A vläicht hutt Der do schonn eng Äntwert op dat, wat ech elo hei einfach esou mol an de Raum setzen.

Eng weider Fro, déi an deem Kader och oft opkomm ass, dat ass déi, ob iwwerhaapt genuch Therapeuten do sinn, firdeen dote Problem opzeschaffen. Well ech sinn tatsächlech der Meenung, dass et sech elo ëm e massiven, och no hanner réckelenden a sech iwwert déi nächst Joren ëmmer weider fortplanzende Problem vu Jonke kann handelen, déi elo och déi Kris do mussen opschaffen. Genuch Therapeuten also?

Et gouf och eng konkreet Ufro, ob et zu Lëtzebuerg eng geschlossene Struktur gëtt fir Jonker, déi fir sech selwer a fir anerer eng Gefor sinn, esou eppes tëschent Unisec an der Jugendpsychiatrie. Ech hunn dat einfach esou opgehooll als eng Iddi, déi an de Raum gestallt gouf.

Déi familljepolitesch Iddien hunn d'Djuna Bernard, d'Myriam Cecchetti an de Sven Clement scho souwäit genannt. Et ass, mengen ech, tatsächlech och eng Kéier derwärt, driwwer nozedanken: de REVIS ënner 25, tëschent 18 a 25. Do kann ee sech jo och eng Iddi iwwerleeën, eng Formel fir e gestaffelte REVIS, dass ee relativ wäit ënnen ufänkt, bis en da bei deene 25 Joer do ukënnt, wou mer en den Ament hunn. Dat, mengen ech, sollte mer eng Kéier a Rou diskutéieren. Ech ka mer gutt virstellen, dass een dat eng Kéier op de Leescht hält.

Ech krut awer och de Message mat op de Wee, dass de Jugendsektor oft vis-à-vis vum Enfantensektor leit. De Jugendsektor ass méi schwéier ze besetzen, well natierlech do d'Aarbechtszäiten anerer sinn a well och do d'Educatoren an d'Educatricen oft altersméisseg vill méi no un hire Beneficiairen dru sinn an dat oft e Beruff ass, wou dann deen een oder anere seet: „Jo, dat wëll ech awer net. Da ginn ech léiwer bei d'Enfance schaffen.“ De Jugendsektor huet do de Message matginn, dass et gutt wär, och driwwer nozedanken, wéi een dee Sektur ka stäerken.

Eppes Weideres, wat Jonker mer mat op de Wee ginn hunn, dat war déi Fro, ob et net esou eppes kéint gi wéi en obligatoreschen Éischt-Hëllef-Cours fir mental Gesondheet fir d'Proffen, well eebe grad an de Klassen oft Jonker sinn, déi soen: „Ech hu grad mental Schwierigkeiten.“ Natierlech soe mer dann: „Da géi dach bei de SePAS!“ Mee ech krut awer ëfters och gesot – an zwar relativ oft –, dass d'Vertraue vis-à-vis vum SePAS relativ kleng ass.

Et ass natierlech esou, ech weess net, ob et eng „urban legend“ ass, mee op alle Fall gëtt oft dorëmmer erzielt: „Jo, ech si bei de SePAS gaangen an dat gouf weidererzielt, wat ech deenen do gesot hunn, et ass weider u mäin ... un dee gaangen, un dee gaangen.“ Dat ass esou eng Geschicht, déi ech esou matkréien. Dofir hunn ech mech gefrot, ob et net eng Iddi wär, d'Enseignanten an deem Punkt auszebilden, dass se ...

(Interruptions)

Jo, ech weess et net. Wéi gesot, jo, also dat ass dat, wat ech esou matkritt hunn.

Jonker hunn awer och déi Iddi mat an d'Spill bruecht, dass se gesot hunn, et wär interessant, vläicht am Kader vu „Vie et Société“ – dat ass jo e Cours, dee sech ubitt, fir ganz vill Inhalter unzibidden, déi och der Aktualitéit entspriechen an déi op d'Aktualitéit äntweren – och en Deel ze maachen iwwert d'Bewältegung vu Krisen: Wéi ginn ech domat ëm, wann ech selwer oder wann d'Welt ronderëm mech eng Kris huet? Wéi kann ech dat bewältegen? Wéi kann ech dat gestalten?

Dann awer och esou Coursé wéi dass een Debatten huet, dass ee ka mateneen diskutéieren. An eng ganz flott Iddi – ech gi se och hei einfach emol mat – war, fir einfach emol an engem Cours och eng Kéier Zäit ze hunn, sech als Klass mat Gesellschaftsspiller iergendwéi erëm uneneen unzenäheren an déi Cohésion sociale an der Klass ganz staark ze stäerken.

Eppes Weideres, wat Jonker mer gesot hunn, ass och, dass se sech wënschen, grad am Kader vun der Klimakris, dass et esou eppes gëtt wéi e Fach „No-haltegkeet“. Dat hate mer, mengen ech, och beim leschten Austausch mam Jugendparlament hei an der Chamber, dass déi gesot hunn, dat wär eppes Interessantes. An ech mengen, dat sollte mer hei nach eng Kéier an d'Ronn werfen als eng Iddi, déi mer kënnen weider diskutéieren.

An dann, Här President, an ech kommen elo zum Schluss, déi lescht Iddien: De Claude Lamberty hat och scho vun der Wichtigkeet vum Benevolat geschwat. An do gouf ech och mat der Iddi konfrontéiert, dass et interessant wär, an de Schoulen, an de Lycéien eng systematesch Offer fir Benevoller ze hunn oder vu Benevolatsofferen, déi et am Land gëtt, oder och vu Stagen, déi sech grad ubidden, an dass een dat an de Schoulen an och mat de Schoule ka verlinken. Ech weess, dass et d'Agence du bénévolat gëtt. Ech mierken awer och an hunn den Androck, dass se net immens bekannt ass an dass déi Offer, déi se ze bidden huet, net iwwerall do ukënnt, wou se eigentlech gebraucht gëtt. Dofir och déi doten Iddi.

An da wëll ech zum Schluss nach eng Motioun deposéieren, déi ëm dee ganze Beräich vun der Jugendwunnengshëllef geet, well awer eng ganz Rei Jonker do sinn ... Déi verschidde Strukturen vun der Jugendwunnengshëllef huele jo Jonker tëschent 18 a 27 Joer op. Dat sinn da meeschtens Jonker, déi nach an der Schoul sinn, déi awer aus iergendengem Grund net méi kënnen doheemleiwien an déi dann eeben eng Plaz sichen, wou se kënnen wunnen.

Mir hunn eng Rei Acteuren hei am Land. De Problem, deen et schéngt ze ginn, ass deen, dass et duerchaus Leit gëtt, déi sech bei e puer vun deenen Acteuren mellen, dat heescht, dass et net ganz kloer ass: Wéi vill Offer hu mer? A wéi vill Offer hu mer wierklech? A wa mer bis wëssen, wéi vill Offer mer wierklech hunn a wéi vill Demandé wierklech reell sinn, also d'Doublanten oder Triplanten eraushuelen, an dann nach wëssen, wéi laang eis Liste d'attente ass oder eis Liste de demande ass ... Kéint een dat net eng Kéier analyséieren fir ze wëssen, wéi wäit een dann herno muss goen, wat een do nach ka maachen. Vläicht kéint een déi Acteuren och eng Kéier an eng Kommissionssëtzung invitéieren, ech ka mer dat ganz gutt virstellen.

Dofir iwwerreechen ech Iech déi heite Motioun, déi an déi Richtung geet, Här President.

### Motion 3

#### La Chambre des Députés,

– sachant que le Luxembourg fait face depuis de nombreuses années à une flambée des prix de l'immobilier ;

– constatant que tant la faible offre que la hausse des prix rendent l'accès souvent difficile à un logement pour des jeunes qui veulent démarrer leur vie d'adulte ;

– notant que des jeunes adultes vulnérables et confrontés à des problèmes familiaux et/ou troubles de santé mentale trouvent guère un logement abordable ;

– sachant que le SePAS<sup>1</sup> et des associations de la Jugendwunnengshëllef accueillent des jeunes adultes dans des logements communautaires dont la situation de logement actuelle les empêche de mener à bien leur projet scolaire,

invite le Gouvernement

– à dresser un inventaire tant sur la demande de logements communautaires pour des jeunes adultes en difficultés que sur l'offre de logements communautaires disponibles ;

– à renforcer la coordination entre les associations de la Jugendwunnengshëllef et les professionnels (organisations et personnes) de l'aide à l'enfance pour améliorer la performance des mesures d'aide et de soutien pour les jeunes adultes en difficultés de trouver un logement et de continuer leur parcours scolaire.

<sup>1</sup> Service psycho-social et d'accompagnement scolaires

(s.) Paul Galles, Diane Adehm, Martine Hansen, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz.

Voilà, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer e klengt Schlusswuert, an ech wëll et – e bëssen esou, wéi d'Djuna Bernard dat gemaach huet – och positiv gestalten. Ech war nach an ee Beräich kucken, deen elo nach kee genannt huet. D'Djuna Bernard huet zwar vun der Kultur a vun der Konscht geschwat, vläicht fält en heidran. Ech war an d'Fräizäitliewe kucken, bezéiungsweis dat, wat een esou schéin „erausgoen“ nennt, also dat, wat een nach géif d'„Nuetsliwien“ nennen.

(Interruption)

Ech war dat emol testen. Jo, genau!

(Hilarité)

Ech hunn do mat den Acteuren aus dem sougenannte „Live-Entertainment-Sektor“ geschwat, an dat, wat ech do gesot krut, ass héich interessant. Also éischstens ass et emol héich interessant fir si selwer, well si soen: „Mir hunn natierlech an der Pandemie immens vill gelidden. An elo wëlle mer gären esou vill wéi méiglech schaffen, well mir mierken, de Krich kënnt schonn, an dee wäert d'Präisser verdeieren.“ An dat wäert dozou féieren – an ech mengen, et gouf op dëser héijer Plaz och schonn am Laf vun dëser Woch gesot –, dass d'Präisser erëm klammen, zumindest emol an de Restauranten. Dat heescht, och do gëtt dat natierlech fir si erëm e Problem! An et ass ee sech net sécher: Behalen ech déi Clienten, déi ech grad hunn? Et ass also och fir si interessant, dat doten eng Kéier hei ze soen.

Dat, wat se feststellen, ass: Et gëtt méi gedronk wéi virduen. An et gëtt och méi hefteg gedronk wéi virduen. An d'Interpretatioun ass, dass eppes nogeholl gëtt. Dat kléngt am éischte Moment ganz lëschtteg, mee do hannendru verstoppe sech ganz dramatesch Zeenen, wierklech richteg dramatesch Zeenen! An déi krut ech och geschildert, also dass de da souguer als Restaurateur oder als Disco oder als Club higees an dāi Personal uweis, engem Client iergendwann eng Kéier ze soen: „Et geet elo duer, well dat do ass net méi gesond!“

A wann eppes nozehuelen ass, dann heescht dat jo, dass eppes nozehuelen ass, wat soss néierens nogeholl gouf oder wat soss néierens kompenséiert gouf. An ech mengen, dass grad d'Gespréich mat deem dote Sektur eis erlaabt ze verstoen, dass mer an deenen Etappe virduen nach ganz vill kënnen maachen, fir dass eebe Jonker net méi d'Bedierfnis



hunn, déi Kompensatioun an enger Form ze sichen, déi herno vläicht fir si a fir anerer kann op iergendeng Aart a Weis geféierlech ginn. Et gëtt méi gedronk an et ginn iwwerregens och méi Shotte gedronk. Also et geet méi a Richtung Shotten, dat hunn ech elo a menger Jugend net esou vill kannt. Dat gouf et dunn nach net esou vill.

*(Brouhaha et interruptions)*

Voilà, genau. An dann déi ganz Kombinatiounen, voilà!

Also dat just fir ze soen, dass eng Verschärfung vun der Situatioun och an deem dote Beräich ass. Wéi gesot, am éischte Moment klénge et lëschtég, mee ech mengen, et ass wierklech awer eng seriö Problematik hannerendrun.

Si sote mer och, viru Covid gouf et eigentlech déi Gefor, dass mer eis alleguerde vläicht ze vill individualiséieren, dass mer iergendwou als Gesellschaft net méi richtig fonctionéieren. Du während der Pandemie war et op eemol méiglech, alles, praktesch alles vun doheem vum Schreifdësch aus, vum Computer aus ze maachen, dat heescht, d'Gefor vun der Individualiséierung war nach méi grouss. Dat heescht, déi Fro, déi si sech an hirem Secteur gestallt hunn, nodeems dunn erëm méi opgemaach ginn ass, dat war déi Fro: Wëllt de Mënsch elo nach eng Kéier sozial sinn? Geet dat nach?

An dunn hu se mer gesot: „Wann s de den nächste Concert kucke kënne, da wäerts de gesinn, wéi vill enorm Loscht do ass, sech erëm ze begéinen, erëm ze feieren, erëm matenaner ze sinn.“ Dat wat mer selwer héchstwahrscheinlech alleguerde bei eis erliwien, dat gëtt et einfach hei och als grouss Phenomeen, mat all deem, wat ee muss dobäi bedenken, dat heescht, déi Loscht, déi déi Jonk spieren, fir erëm ze liewen, an déi Loscht, déi se op d'Zukunft hunn. Well déi Jonk hunn awer hannen um Enn souguer, esou schwéier wéi et och heiansdo fir si ass, eng positiv Approche zu hirem Liewen, well do kënn nach villes! An dat därefer mir mat virbereeden.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och dem Här Galles.

An d'Wuert huet elo direkt den Här Jugendminister, den Här Claude Meisch. Här Meisch.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e ganz grouss Merci och un de Marc Spautz. Et ass ëmmer eng gutt Initiativ, hei iwwert déi Jonk ze schwätzen, iwwer hir Liewensrealitéit, iwwert déi Defien, déi se begéinen, iwwert d'Manier, wéi si sech selwer gesinn, wéi mir si gesinn, wéi si eis gesinn, wéi si d'Welt gesinn a wéi mir hinne virun allem Perspektive kënne schafen, an dat am Zesummenhang nach eemol ze maache mat der Pandemie. Enger Pandemie, déi sech vläicht elo e bësse berouegt huet, wou mer awer sécherlech nach net kënne soen, dass se definitiv eriwuer ass, mee wou een awer, denken ech, villes haut och scho ka mat Sécherheet soen: wéi mer déi Jonk duerch déi Pandemie kritt hunn, wat mer richtig gemaach hunn, wat mer weider musse maachen, wéi se haut dostinn a wou mer hinne kënne Perspektive bidden.

Ee Grondsatz, deen eis jo als Regierung permanent geleet huet, an ech hunn haut an eenzelen Interventione festgestallt, dass dat eppes ass, wat op jidde Fall elo am Nachhinein vu jidderengem esou mat gedeelt gëtt, dat war, dass mer dem Virus minimal

Chancë wollte ginn, fir sech iwwert déi Jonk, hir Aktivitéiten, d'Schoulen, d'Betreiungsstrukturen an aner institutionell Strukturen ze verbreedene, dat fir dem Virus esou mann wéi méiglech Chancen ze ginn an der Bildung awer esou vill wéi méiglech Chancë kënnen ze loosene.

Duerfir ass et net verwonnerlech, dass mer zum Beispill och am internationale Vergläich scho virun engem Joer op zweeter Plaz genannt goufen, wou d'Schoulen am mannsten zou waren. Neiséiland war op der éischter Plaz. Mir wëssen awer, Neiséiland hat zu deem Zäitpunkt eng ganz strikt Zero-Covid-Politik, soudatt mer eigentlech mat där Approche, déi mer hei gewielt hunn, absolutt richtig louchen. Dat gesäit ee spëtstens elo nach eemol, wou mer deen heite Réckbléck kënne maachen.

Dat war awer net ganz einfach an dat war alles anescht wéi selbstverständlech. A mir hunn dacks ... Ech mengen, et ass bal keng Woch vergaangen, wou mer net och hei am Haus doriwwer diskutéiert hunn an och emol heiansdo hu misse streiden, wéi mer et da richtig maachen. An et war e Kraftakt virun allem fir déi, déi direkt concernéiert waren: déi Jonk, d'Kanner, d'Enseignanten, d'Elteren, d'Direktiounen an eenzelne Strukturen. Ech erënneren dorunner, dass mer 35 Leit an eng Cellule de coordination injectéiert hunn, fir déi ganz Gestiou vum deene positive Fäll, vum de Quarantänen ze maachen, fir ze kucken, wéi mer dem Virus esou mann wéi méiglech Chancë kënte ginn.

Mir hate pro Regioun an der Grondschoul, pro Direktioun an der Grondschoul, pro Lycée, awer och pro Direktioun am Lycée, tëscht enger an dräi Persounen, déi sech eigentlech exklusiv ëm d'Gestioun vum Training gekëmmert hunn. Mir hate 15 mobil Ekippen zäitweil uechtert d'Land ënnerwee, déi PCR-Tester gemaach hunn. Dat war déi Zäit, éier et Schnelltester gouf. Wéi et Schnelltester gouf, hu mer bis zu 200.000 Schnelltester d'Woch an eise Schoule gemaach, déi do gemaach goufen, déi do certifiéiert goufen. Alles dat beweist, wat fir e grouss logisteschen Opwand déi Gestiou dach awer do verlaangt huet, fir dem Virus minimal Chancen ze ginn, sech iwwert déi Jonk an iwwert d'Schoule weiderzeverbreedene.

Mir hu relativ fréi an der Pandemie och zousätzlech Ressourcen, personell Ressourcen an de System kënne bréngen: 300 zousätzlech Persounen, déi an de Grondschoulen intervenéiert hunn, 130, déi am Secondaire intervenéiert hunn, fir Remplacementen ze maachen, fir Surveillance ze halen, fir awer och op Léierretarden duerch Quarantänen, duerch Isolementer, awer och duerch den Homeschooling kënne ganz konkret duerno an de Schoulen ze intervenéieren.

Mir hunn – vun haut op muer eigentlech – eise System am Ufank vun der Pandemie, am März 2020, op Distanz ëmgeschallt. A mir hu festgestallt, dass et geet, no enger kollektiver Formation continue iwwert d'Notzung vum deenen Outilen, déi awer glécklecherweis do waren. Déi digital Plattformen waren do. Zum ganz groussen Deel waren och déi digital Ekippen – do, fir eebe Schoul doheem kënne ze assuréieren. Mir hunn d'Elteren an d'Enseignanten doranner ënnerstëtzt iwwer Materialien, déi mer och digital an online zur Verfügung gestallt hunn.

Mir hunn awer gradesou gekuckt, och schon am Joer 2020, dass Léierretarden, déi entstane sinn, och ganz schnell kënne behuewe ginn, iwwer eng Summerschool zum Beispill, awer och iwwer Dossieren, déi mer den Elteren an iwwer d'Vakanz konnte mat heem ginn, fir dat eent oder dat anert dann och opzeschaffen, wann et an der Schoul aus deene bekannte Grënn dach awer vläicht net konnte assuréiert ginn.

Mir hunn an der Formation professionnelle gekuckt, dass d'Ziele vun de Léierkontrakter net

geifen abriechen. Dat ass eis och gelongen. Mir hunn d'Entreprises ënnerstëtzt, déi nei Léierkontrakter proposéiert hunn. Mir hunn awer och virun allem Entreprises ënnerstëtzt, déi Léierkontrakter vun engem Apprenti iwwerholl hunn, deen an engem Kontrakt war an erausgefall ass, well säi Patron eigentlech d'Dieren zougemaach huet oder déi Léier net méi konnte weider garantéieren. Alles dat hu mer a ganz, ganz kuerzer Zäit en place gesat.

Mir profitéieren haut, wa mer de Bilan dovunner maachen, vun deene Strukturen an deene Méiglechkeeten, déi mer eis an de leschte Jore ginn hunn, fir eng „evidence-based policy“ ze maachen, fir net nëmme Bildungspolitik aus dem Bauch eraus ze maachen, mat enger Vue, wéi mer se vläicht aus der eegener Erfahrung eraus hunn, wéi mer se vläicht aus eiser politescher Iwwerzeugung eraus hunn, mee fir wierklech opgrond vu Fakte kënne ze jugéieren, wat d'Erausfuerverunge sinn a wéi mer eigentlech och kënne do deene Jonken am beschten hëllefen. Ech denken do un de LUCET, de Luxembourg Center for Educational Testing, ech denken awer och un den neie Kannerbericht, den éischten, deen – glécklecherweis! – eis e ganz gutt Bild iwwert d'Wuelbefanne vun de Jonken, vun de Kanner während der Pandemie ginn huet. Ech denken un de Jugendbericht, wou zwar scho virun der Pandemie d'Theema festgeluecht gi war, mee d'Theema och do d'Wuelbefanne vun deene Jonke war a wou mer duerfir eigentlech elo e ganz gudden Iwwerbléck, e wëssenschaftlech baséierten Iwwerbléck iwwert d'Situatioun vun deene Jonken hunn, och doriwwer, wéi se d'Pandemie gesinn hunn, wéi se d'Pandemie duerchlieft hunn a wéi se haut do stinn.

D'Resultater sinn eigentlech duerch d'Bänk ganz optimistes. Dat wëllt net heeschen, dass mer den Dossier kënne zoumaachen an op d'Säit leeën – ech mengen, dat wär de falsche Message! An ech mengen, jiddereen huet de Mëtteg dee Message hei ginn: Och wa mer eis selwer felicitéiert hunn, dass mer eigentlech gutt mat deene Jonken duerch d'Kris komm sinn an, wa mer eis mat anere vergläichen, eis do sécherlech net brauchen ze schummen, da kann awer kee soen, dass mer net nach Erausfuerverungen hätten. Ganz dacks mierke mer, dass et déi selwecht Erausfuerverunge sinn, déi erëm optauchen, wéi déi, déi virun der Kris natierlech och bestanen hunn.

Mee wat eventuell Léierreckstänn, Léierretarden ubelaangt, hunn d'EpStan, d'Épreuves standardisées, zweemol hannerenee beluecht, dass eigentlech keng signifikativ Verschlechterung bei de Schülerinnen a Schüler feststellen ass, dass et natierlech vu Joer zu Joer do Ännerunge gëtt, dass déi absolutt an deem Mooss sinn, wéi se och emol an de Jore virduer ouni Pandemie festgestallt gi sinn, dass esouguer eenzel Kompetenze sech während der Pandemie fir vläicht eenzel Deeler vun de Schülerinnen a Schüler verbessert hunn an dass et der awer och gëtt, déi sech emol verschlechtert hunn. An do hu mer jo virun allem gesinn, dass et och déi Schülerinnen a Schüler sinn, déi virun der Pandemie am meeschte Schwierigkeeten an eise Schoulssystem haten, déi eigentlech och am schlechtesten duerch d'Pandemie komm sinn, wat eigentlech eppes ass, wat leider ze erwaarde war.

Mee wa mer dat dote Resultat mat éischten Analyse vergläichen, déi am Ausland gemaach goufen an elo virleien – kucke mer just Däitschland, mat enger Politik fir woche-, méintlaang d'Schoulen zouzehalen –, do ginn déi éischt Analysen haut a Richtung fir ze soen, dass déi Schülerinnen an d'Schüler dach awer e Retard vun engem Véierels- bis zu engem hallwe Schouljoer accumuléiert hunn no deene leschten zwee Jore. Ech denken, dann hu mer hei eigentlech,

fir elo weider ze kucken, no vir ze kucken, eng gutt Basis geschafen.

En änlecht Bild ass et, Dir Dammen an Dir Hären – jo, et ass de Mëtteg ugeklongen –, wat d'Wuelbefanne vun de Kanner an deene Jonken ubelaangt, wou mer, Här Spautz, d'Chance haten, datt mer eng Analys mam Kannerbericht ugefaangen haten, wou déi éischt Foto 2019 gemaach gi war, wou an engem ganze Joergang oder ganze Joergäng sämtlech Kanner eigentlech un deenen Etüde konnte participéieren an den Taux de participation immens héich war an déi, déi participéiert hunn, dann och nach zwee Joer duerno, am Joer 2021, nach eemol befort goufen zu hirem Wuelbefannen. Dat gëtt eis eigentlech e ganz gudden Abléck, wat d'Pandemie hei zu Lëtzebuerg mam Wuelbefanne vun de Kanner gemaach huet, an och do hu mer keng signifikativ Verännerung kënne feststellen. Awer natierlech, wa mer an den Detail ginn, gesi mer och emol erëm, datt et erëm eng Kéier bei eenzelne Familien, mat eenzelne familiäre Situatiounen manner gutt gaangen ass wéi vläicht bei aneren.

Wat festgestallt gouf, dat ass, datt éischter d'Liewenszefriddenheet vu Jonken erofgaangen ass. An ech denken, wa mer do d'Bild während der Pandemie kucken, ass dat och ze verstoen; wann d'Kinoen zou sinn, d'Caféen zou sinn, de Sport net fonctionéiert, ech d'Kollegen an der Schoul emol net méi ka gesinn. A sou wéi mir alleguerten deelweis dach awer doheem isoléiert waren, ass et natierlech kloer, datt eng Liewenszefriddenheet eigentlech, och aus der Siicht vun deene Jonken, net méi konnt festgestallt ginn. Dat si Resultater, déi ze denke ginn.

D'Liewenszefriddenheet war 2019 vun deene Jonke selwer zu 21,5 % als niddreg ageschat ginn. Dat ass all Fënneften, deen iwwer sech selwer seet, en hätt eng niddreg Liewenszefriddenheet. An dann e Joer méi spéit, also matten an der Pandemie 2020, waren et 32,8 %, also all Drëtte schonn, dee vu sech selwer gesot huet, en hätt eng niddreg Liewenszefriddenheet gehat. A mir denken, datt mer natierlech och do elo sollte kucken, wéi déi Resultater sech weiderentwéckelen. Mee ech mengen, datt et gutt ze erklären ass, datt dat während der Pandemie natierlech awer eng Kéier ganz, ganz staark erofgaangen ass.

Den Interpellant, de Marc Spautz, huet och zu Recht d'Fro opgeworf: Wéi stinn eis Primaner do? Dir wësst, datt mer alles gemaach hunn, och entgéint der Approche an anere Länner an anere Schoulssystemer, fir e gréisstméiglech normalen Examen ofzehalen, fir eebe sécherzestellen, datt deen, deen 2020, 2021 an och nach eng Kéier dëst Joer, 2022, säi Premièrsexamen gemaach huet a säin Diplom kritt huet, net e Stempel drop huet, datt et eng Covidpremière ass an datt déi manner wäert sollt si wéi déi vun deene Joergäng virdrun. An ech denken, datt dat eis och gelongen ass.

Duerfir hu mer um Examen, um Presenzexame festgehale, dat war net evident zu deenen Zäiten do! Dat ass och nëmmen opgrond vun engem enorm groussen Engagement vun allen Acteuren gaangen. Mir hunn och gekuckt, datt mer awer deene Jonken op där anerer Säit fair Chancë ginn hunn, deen Examen och kënne gutt ze packen, an derfir gesuergt, datt keng Matière gepréift konnte ginn, déi net am Cours während dem Joer konnte behandelt ginn, zum Beispill duerch Schoulschléissungen, duerch A- a B-Gruppen, duerch Quarantänen oder Isolementer, déi mer jo awer och do haten.

Vläicht nach eemol dat, wat ech schonn ugedeit hunn: datt bei all deenen Analysen, déi mer gemaach hunn, de sozioekonomeschen Hannergrond dann och hei erëm eng Kéier während der Pandemie dee Facteur

war, dee ganz dacks ausschlaggebend war fir ze kucken, wéi ech duerch d'Pandemie komm sinn oder net. Duerfir war et awer och richtig, esou fréi ewéi méiglech ze kucken, datt mer deene vulnerabelste Schülerinnen a Schüler de Retour an d'Normalitéit esou fréi wéi méiglech zrëckginn hunn.

Ech erënnere mech un déi éischt Aktivitéit, déi mer iwwerhaupt erëm en präsentiel ulafe gelooss hunn – dat war, mengen ech, den 20. Abrëll 2020, also knapp fënnf Wochen no der Schoulschléissung –, do hu mer gesot, datt mer déi Kanner, déi an enger Mesure vum Office national de l'enfance sinn, och erëm wëilten deelweis aus der Famill kënne eraushuelen an awer och an der Schoul kënne begleeten an an der Schoul beschoulen, well mer woussten, datt dat déi vulnerabel Situatiounen waren. An och eenzel aner Aspekter vun haislecher Gewalt si jo hei an den Interventiounen de Mëtteg ugeschwat ginn. Och aus deem Grund war et eis wichteg, datt mer e Kontakt mat deene Kanner konnten ophuelen, well mer wëssen, wa mer déi iwwer Deeg, iwwer Wochen net gesinn, datt dann d'Enseignanten oder anert edukatiivt Personal am Fall, wou et dach awer zu haislecher Gewalt doheem sollt komm sinn, eigentlech net ka reagieren.

A mir hunn och ëmmer nees den Enseignantë rapelëiert, datt fir déi Schülerinnen a Schüler, déi doheem zum Beispill am Homeschooling net déi néideg Ënnerstützung konnte kréien, dat iwwer den Appui pédagogique zum Beispill am Fondamental, iwwer aner Mesure-d'appui am Secondaire esou schnell wéi méiglech och sollt erëm kënne opgeschafft ginn. Mir hunn de Schoulen deementspriedend Ressourcen zur Verfügung gestallt a mir hunn och d'Summerschool agefouert, fir do systematesch op Retarde kënne ze reagieren an eis zwou Wochen am September ze ginn, fir dat kënne ze maachen.

Ech denken, datt et duerfir richtig war, datt déi schwaach Schülerinnen a Schüler och während der Pandemie an och elo an eisem Fokus stinn. An dat muss eigentlech esou bliwen.

En anere Punkt, deen eigentlech e positiven Niewenaspekt ass an där Diskussioun, déi mer gefouert hunn, dat ass, datt d'Wuelbefanne vun deene Jonke wierklech an de Mëttelpunkt gestallt gouf an datt eng Rei vu Sujeten, wéi d'mental Gesondheet – och, mengen ech, bei deene Jonke selwer –, definitiv enttabuiséiert gi sinn.

Also ech sinn dach awer ëmmer nees iwwerrascht, positiv iwwerrascht, wéi oppen haut Jonker iwwer hir mental Gesondheet schwätzen, iwwer mental Problemer bei Jonken, a wat si sech do wënschen, wat se brauchen. Do hu mer wierklech e grouse Schratt no vir gemaach an dat ass eng Chance. Dat ass eng Chance, well eréischt, wa mer oppen iwwer eppes kënne schwätzen, kënne mer wierklech eppes maachen an e Problem wierklech ugoen.

An duerfir wëlle mer weiderhin d'Wuelbefannen an d'mental Gesondheet vun deene Jonken an de Mëttelpunkt vun eiser Aktioun stellen. Mir wäerten – a mir schaffe momentan dorun – eng Gesetzesännerung vum CePAS maachen an do nach eng Kéier ganz kloer d'Missioun redefinieren vum CePAS, oder net redefinieren, awer virun allem déi nach eemol schäerfen, déi en Impakt op d'mental Gesondheet hunn an op d'Wuelbefanne vun deene Jonken. D'Missioun ass et, do Suchtpreventioun ze maachen. D'Missioun ass et, do och Preventioun vun engem Abus, wat d'sozial Medien ubelaangt, ze maachen an d'Gefor vun de soziale Medien ze prevenieren. D'Missioun ass et awer och, opzeklären an ze encouragéieren, fir eng gutt a positiv sexuell an affektiv Gesondheet kënne ze liewen.

Gewaltpreventioun ass en anere Sujet a leider ëmmer nees eng grouss Noutwendegkeet an eise Schoulen.

An, wéi gesot, d'mental Gesondheet soll och an de Schoule kënne diskutéiert ginn an net nëmmen hannert zouenen Dieren, mee och am Groussen, fir datt all Jonken och versteet: Dat ass näischt, wou ech mech muss verstoppe goen, datt ass näischt, wou ech mech muss schummen, wann ech eng Kéier an de SePAS ginn, mee dat ass eppes Normales, esou wéi wann ech iergendwéi en anere gesondheetleche Problem a menger Entwécklungsphas hätt. An dat ass fir Jonker jo awer wierklech näischt Aussergewöhnlech.

Mir wäerten och d'Gesetz vum Secondaire an deem dote Kontext nach eemol amendéieren an do d'Notioun vum „child protection officer“ aféieren an dem SePAS déi Missioun ginn, ganz kloer déi Missioun ginn an de Schoulen. awer mir wäerten och kucken, datt mer se doriwwer eraus bei aneren Institutionen och verankert kréien.

Mir hunn och enorm vill investéiert déi lescht Joren an d'Ressourcen, déi sozioedukativ Ressourcen, déi psychosozial Ressourcen an de Schoulen a ronderëm d'Schoulen. Ech mengen, d'Chiffere sinn och de Mëtteg scho vum Claude Lamberty hei genannt ginn. Eleng 80 zousätzlech Poste fir d'SePASen an de leschten dräi Joer weisen nach eng Kéier, datt mer hei net nëmmen Ambitiounen op Pabeier definieren, mee datt mer de Schoulen och d'Méiglechkeete ginn, déi richtig a gutt an a gudder Qualitéit kënne ëmzesetzen. An natierlech mussen déi Prozesser och do weidergefouert ginn.

Eng Iddi, déi och elo grad ugeklongen ass, vum Paul Galles, mengen ech, ass déi, fir d'Enseignanten ze sensibiliséieren fir d'Problematik vum Wuelbefannen a vun der mentaler Gesondheet vun de Kanner. Iwwer Weiterbildungsméiglechkeeten hu mer e Programm, wou mer eis kloer d'Zil setzen, datt mer bis 2025 e Véierel vun eisen Enseignantë wëllen an eng Formation continue kréie ronderëm déi doten Thematik.

Mir hunn en anere Programm, wou mer 100 „Secouristes“, wéi mer et nennen, wëllen ausbilden, wat Schülerinnen a Schüler selwer sinn, déi an der Schoul Usprichpartner sinn am Fall vun engem Gefill, wat een huet, well ee sech net wuel fillt an der Schoul, oder vun engem mentale Problem, deen ee selwer bei sech detektiert huet oder vun deem een denkt, datt en existéiert.

En anere Punkt, wou mer, mengen ech, nach mussen dru schaffen, an och dat ass eigentlech vun alle Bänken de Mëtteg gesot ginn, ass d'Vernetzung. D'Institutionen, déi sech mat de Kanner an deene Jonke beschäftegen, d'Schoulen, d'Betreiungsstrukturen – d'Jugendhaiser sinn och genannt ginn – kënne do sécherlech net alles eleng léisen, mee mir mussen dat méi staark mat der Jugendpsychiatrie vernetzen.

Mir mussen natierlech dann och kucken, datt do op där anerer Säit déi Capacitéit sech matentwéckelt, well grad, wa mer de Bléck nach eng Kéier dofir schäerfen, och iwwer eis Institutionen bei de Kanner a bei deene Jonken, wéi et deene Jonke geet a wéi mer hinne kënne hëllefen, da kann déi Institution selwer dobäi relativ vill leeschten, mee et wäert ëmmer Situatiounen ginn, wou ee muss soen: „Do ass d'Schoul um Enn, do ass d'Jugendhaus um Enn, do kënne mir elo net méi hëllefen!“ An dann ass et éischter d'Kannerpsychiatrie, d'Jugendpsychiatrie oder generell d'Psychotherapie, déi noutwendeg ass. Deementspriedend brauche mer eng enk Vernetzung an op där anerer Säit, op der Santéssäit, awer och deementspriedend en Ausbau vun deene Ressourcen.



An Dir wësst, datt dorunner geschafft gëtt, woubäi ech leider muss dem Sven Clement seng Hoffnung enttäuschen de Mëtteg, well ech näischt Neies do ze annonciéieren hunn. Dat wëllt net heeschen, datt et näischt gëtt, mee datt ech et op jidde Fall net weess fir de Mëtteg. Ech hu keen deementsprechende Message matkritt.

Da vläicht nach eng Kéier e puer Remarken, déi ech zu dësem interessanten Debat vu menger Säit wollt mataflësse looschen. Ech menge wierklech, datt et ëmmer derwäert ass, hei de Point ze maachen iwwert d'Situatioun vun deene Jonken. Mir hu vill Initiativen, och hei am Parlament, wou déi Jonk zu Wuert kommen, iwwert d'Presenz vun den Aktivitéite vum Jugendparlament, iwwert d'Dokumenten vum Jugendrot a vun der Nationaler Schülerkonferenz, déi jo ëmmer erëm hei opgegraff ginn, an dat ass richteg!

Mir kréien do awer haut och – an dat ass e Wuert, dat ech eigentlech do wëllt derbäifléchten zu deene Motiounen, déi proposéiert gouben – duerch déi Efforten, déi mer maachen, fir „evidence-based policy“ ze maachen, duerch eis permanent Monitoringstrukturen, déi mer geschafen hunn, wëssenschaftlech baséiert Donnéeën, déi mer wierklech sollen opgräfen.

An, Här Spautz, ech hat jo ee Moment geknoutert dohannen, dat war Iech opgefall während Ärer Intervention hei. Dir hutt vun enger Etüd vun der Goethe-Universität vu Frankfurt geschwat. Et gëtt bestëmmt ganz vill aner. Mee mir selwer hu ganz vill Etüde gemaach, och während der Covidzäit. A mir sollten emol alles dorausser notzen an alles dorausser zéien an déi Erkenntnis notzen, déi da wierklech hei op eisem lokalen Terrain gemaach ginn ass! Well mir wëssen, datt mer mat deene Jonken aneschtens ëmgaange sinn hei zu Lëtzebuerg – glécklecherweis aneschtens ëmgaange sinn! – während der Pandemie wéi dat zum Beispill an Hessen oder op villen anere Plaze ronderëm eis de Fall war. Duerfir ass d'Situatioun vun deene Jonken och eng aner. Mee kommt, mir notzen déi Monitoringinstrumenter, déi mer hunn! Do stécht ganz, ganz viles dran, fir och an Zukunft kënne gutt Politik ze developpéieren fir déi Jonk.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och dem Här Minister. Den Här Galles wëllt eng Fro stellen, oder?

**M. Paul Galles** (CSV) | Jo, merci villmools, Här President. Ech wëll tatsächlech eng Fro stellen un den Här Minister, well ech hunn dat elo ganz interessant fonnt, dass Der gesot hutt, wéi elo déi Formation continue fir d'Enseignanten ausgesäit, fir eeben d'Santé mentale vun de Jonken elo méi am Detail ze kucken.

Wann ech dat richteg verstanen hunn, hutt Der gesot: „e Véierel vun den Enseignant bis 2025“. Ech hu mer elo ganz éierlech d'Fro gestallt, ob dat duergeet. Natierlech gëtt et héchstwahrscheinlech Grënn fir ze soen: „e Véierel bis 2025“.

Déi Fro, déi ech mer gestallt hunn: Et ass awer e mega aktuell Thema an héchstwahrscheinlech ginn d'Enseignanten allegueren iergendwéi mam Thema konfrontéiert, oder praktesch allegueren. Wann een elo zum Beispill e Véierel ausbitt bis 2025, wëssen dann am Corps enseignant déi aner Enseignanten, déi zum Beispill déi selwecht Klass hunn: „Deen doten ass deen am Curriculum vun enger Klass, deen déi Formation do gemaach huet.“? Well ech denken, dass et wierklech interessant wär, mat där Formation esou no wéi méiglech un der Klass drun ze sinn. Net dass dann nach een iergendwéi muss nach iwwer dräi Ecker goen an dann nach eng Kéier beim Enseignant uklappen!

An dann, déi Formation do, ech huele jo un, dass déi dann iwwert den IFEN leeft, ass déi dann och obligatoresch am Curriculum vun der Formation continue, oder fakultativ? Do géif ech et natierlech nach héich interessant fannen, wa se obligatoresch wär.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Här Minister.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Jo, merci, Här Paul Galles. Ech wëll nach eng Kéier just drop hiweisen – ech mengen, am Laf vun der Woch hu mer jo schon iwwer e puer Bildungssujetten hei geschwat – an nach eng Kéier drun erënneren: Mir hu prinzipiell keng obligatoresch Formation continue, fir keen! An duerfir wëlle mer se och elo net fir eenzel Aspekter aféieren. Dir sot zu Recht, datt dat doten e ganz wichtigen Aspekt ass. Mee ech weess, datt Iech a mir de Mëtteg hei, a mir brauchen net laang ze iwwerleeën, nach ganz vill aner wichtig Aspekter afalen.

Ech wëll awer och nach eng Kéier soen, datt meng Erfahrung déi ass, datt, wa mer gutt Formationen ubidden, déi den Enseignant als utile fir seng Aarbecht eruecht, mer keng Obligation brauchen ze maachen, mee domadder de Gros vun hinnen erreechen. Par rapport zu enger Situatioun, wou mer een obligéieren dohinnerzegoen, deen d'Gefill huet oder sech d'Fro stellt: „Bréngt dat dote mer eppes? Verléieren ech net meng Zäit do?“, hunn ech léiwer eng Formation, déi esou gutt muss sinn, datt d'Leit esou dohinnerginn, wéi eppes, wou mer jo quasi per Gesetz – well dat misste mer jo an e Gesetz schreiwen – den Enseignant obligéieren, dat ze maachen.

Dat ass bis elo eigentlech ëmmer esou gemaach ginn, bei alle Sujeten. A meng Erfahrung weist, datt dat eigentlech de richtige Wee ass. Ech wëll drun erënneren, datt et och net am Corps enseignant, also bei 100 %, esou ass, datt keen duerfir eng Sensibilitéit hätt haut! Ech wëll drun erënneren, datt et der bestëmmt scho gëtt, déi Formationen gemaach hunn. An et gëtt der bestëmmt, déi och esou Aspekter an hirer Grondausbildung gesinn hunn. An et gëtt der bestëmmt, an ech mengen, dat sinn déi allermeescht, déi sech do op privater Basis weitergebilt hunn, andeems se och mol e Buch gelies hunn, andeems se eng Konferenz lauschtere gaange sinn, andeems se sech einfach interesséiert hunn, well se gemierkt hunn an hirem Berufsalltag: Dat do ass eppes, wou ech muss dermadder ëmgoen, an ech muss dat ze pake kréien. Also interesséieren ech mech an ech sauge mer ganz vill Wësse riets a léns do op.

An duerfir mengen ech, datt all Agent bei eis eigentlech ëmmer kann am beschten aschätzen, wat fir eng Formation e brauch, an e sicht sech déi, wou en am meeschten dann draus erauszitt an notzt a sengem Alldag.

Mir hunn eng Obligation, dat ass déi, fir iwwerhaupt Formation continue ze maachen. Also, et ka kee soen: „Ech weess alles an ech brauch do guer näischt ze maachen!“ Mee déi Offerte, déi den IFEN ubitt, déi ass jo esou breet, datt eigentlech och jiddereen do ëmmer eppes fënnt fir ze maachen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci dem Här Minister. Domadder ass eis Diskussionsongeschloss.

**Motions**

Mir géifen zu deenen dräi Motiounen kommen, déi während dem Debat abruucht gi sinn.

**Motion 1**

Déi éischt Motioun ass vun de Kollege vun der CSV abruucht ginn, duerch de Marc Spautz. Här Spautz,

wëllt Dir nach eppes zu der Motioun soen? Da fuert duer.

**M. Marc Spautz** (CSV), interpellateur | Jo, merci, Här President. Nodeems mer zu e puer Stéck Récksprouch geholl hunn, wollt ech proposéieren, dass mer beim éischten Invite den Invite ëmdréien an dass mer do soen, dass mer gären hätten, dass an Zukunft d'Jugend méi agebonne gëtt bei deene Mesuren, déi decidéiert ginn, déi si ubelaangen. Dat ass dat, wat ech wollt proposéieren.

**Motion 1 modifiée**

*La Chambre des Députés,*

– sachant qu'avec la pandémie, et ses conséquences économiques et sociales, augmentait aussi le stress chez les jeunes ;

– constatant que pour les jeunes les plus vulnérables, cette situation de stress accru ou cumulé est un facteur de risque pour l'émergence ou la rechute de troubles psychiques ;

– notant que la crise s'est aussi transformée en choc pour l'économie et le marché du travail, affectant non seulement l'offre mais aussi la demande, ainsi que le recrutement sur le marché du travail ;

– sachant que suite à toutes ces tendances négatives, les jeunes doivent faire face à une grande variété de défis qu'ils ne peuvent pas maîtriser seuls,

invite le Gouvernement

– à associer les jeunes à la prise de décision dans le cadre des mesures prises pour gérer les conséquences de la pandémie dont les effets négatifs ont encore aujourd'hui un impact sur le bien-être des jeunes ;

– à procurer des réponses politiques rapides et coordonnées pour encadrer et soutenir les jeunes souffrant des effets mentaux suite à la pandémie ;

– à mettre en œuvre dans ce contexte tous les moyens utiles en vue de la concrétisation dans les meilleurs délais du remboursement de la psychothérapie au Luxembourg ;

– à atténuer les répercussions économiques directes et indirectes sur le marché du travail, dont notamment l'entrée et la réintégration des jeunes sur le marché du travail.

(s.) Marc Spautz, Paul Galles, Léon Gloden, Aly Kaes, Gilles Roth.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Weider Wuertmeldungen do derzou? Heescht dat, dass déi Motioun ugehall ka ginn, nodeem déi doten Ännerung gemaach ginn ass? Hunn ech dat richteg verstanen?

Da géif ech Iech froen, ob mer dat kënne mat erhuewener Hand maachen. Ass dat esou?

(Assentiment)

**Vote sur la motion 1 modifiée**

Main levée, erhuewen Hand.

Majo, dat schéngt jo dann Unanimitéit ze sinn.

Dann ass déi éischt Motioun ugehall.

**Motion 2**

Dann d'Motioun Nummer 2, déi vum Claude Lamberty abruucht ginn ass. Gëtt et Wuertmeldungen do derzou? Madamm Hansen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Merci, Här President. Also, ech fänke bei den Invitten un. Do kënne mer mat deene meeschte Punkte liewen, oder mat alle Punkte liewen. Et steet awer och net vill Konkreetes dran, zum Beispill „à poursuivre les efforts en vue du remboursement des psychothérapies“, ech mengen, do si mer scho laang hannendrun. Do hate mir awer,

ech wëll Iech just drun erënneren, schonn dacks Motiounen, déi sinn ëmmer refuséiert ginn. Mir sinn awer net grad esou stuer wéi d'Majoritéit.

*(Brouhaha et exclamations)*

Awer ech hu beim Considerant och nach ee Punkt, an dat ass déi Ausso bei den Épreuves standardisées, datt sech am Prinzip net gewisen huet, datt sech eppes verschlechtert huet. Et ass natierlech esou geschriwwen: eng „tendance négative systématique“. Ech weess net, ob een déi ee Joer duerno ka feststellen, wann et eng „tendance systématique“ ass. An „détérioration générale des compétences“, ok, mee et ass awer kloer, an dat huet och d'Madamm Cecchetti an hirer Inverventioun gesot: Déi méi schwach Schüler – an dat huet den Här Minister och gesot – sinn definitiv nach méi schlecht ginn an déi gutt sinn zum Deel besser ginn.

Duerfir wär et, fannen ech, an eisen Ae besser, deen Tiret wier einfach gestrach. Ech wëll elo net soen, datt e muss ëmformuléiert ginn. Mee wann en einfach gestrach wär, da wär et fir eis vill méi einfach, dës Motioun unzehuelen. Ech waarde mol, wat den Här Lamberty dann dozou seet.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Majo, da gi mer dem Här Lamberty direkt d'Wuert.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Ma dat ass ganz léif, Här President. Ech géif soen, deen Tiret, dee sträiche mer awer net a mir formuléieren en och net ëm, well en ass eis awer zimmlech wichteg. An ech mengen, déi Épreuve-standardiséen, dat huet sech och gewisen, an dat hunn, mengen ech, och verschidde Riedner de Mëtteg gesot, dat ass duerchaus esou, wéi et hei steet.

Dir hutt do eng aner Interpretatioun, d'Madamm Cecchetti och, dat ass an der Rei. Mee mir bleiwe bei där heiter Formulatioun an där heiter Iddi, well déi Épreuve-standardiséen, dat ass dach net iergendepes, wat vum Himmel gefall ass! Dat ass eppes, wat wirklech gemaach gëtt an dann objektiv bewäert gëtt. An dat ass dat, wat erauskomm ass.

Ech géif soen, fir op Är éischt Remark zrëckzekommen: Mir hunn awer bei där éischter Motioun elo gutt zesummege schafft, fir eng Formulatioun ze fannen. Also sot elo net, mir wären heiansdo stuer! Ech mengen, grad bei deem hei Sujet hat ech och a menger Ried gesot, dat wär e Sujet, wou et net ëm Politik geet, mee wou et drëm geet, fir déi Jonk ze ënnerstëtzen. An do hu mer bei där éischter Motioun, den Här Spautz an ech, zesumme gekuckt, fir eng Formulatioun ze fannen. Also do hu mer eise gudde Wëllen zum Wuel vun deene Jonke gewisen. An dofir géif ech mengen, déi Remark wier – wéi seet een esou schéin? – „superfetatoire“ gewiescht.

*(Interruptions)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, vu dass mer am Dialog sinn ...

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo, ech wollt jo op d'Äntwert waarden. Also wa mer éierlech wieren, da misste mer u sech dee Saz derbäischreiwen, datt definitiv och Schüler méi schlecht gi sinn, datt virun allem am däitsche Lies-Versteesdemech et méi schlecht ginn ass.

Ben, ech verstinn elo net, firwat een net einfach ka soen: „Ech sträichen dat eraus.“ Mir sinn awer net esou stuer – ech soen dat nach eng Kéier – wéi d'Majoritéit, a mir wäerten et da matstëmmen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci gesot. Dann d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech sinn ernimmt ginn, dofir wëll ech dann och elo hei eppes soen. Also, ech sinn awer genau wéi d'Madamm Hansen där nammlecher Meenung: Mir kënnen eis alles schéieren a mir kënnen eis et esou laang schéieren, bis mer wirklech gleewen, datt et esou schéin ass, an datt mer esou blann sinn, datt mer déi Saachen, déi awer net ginn, net gesinn.

Hei ass et wirklech esou, datt dat net stëmmt, wat do steet. An ech mengen, dat ass ganz kloer am Bildungsbericht och zrëckbehale ginn, datt déi besser Schüler méi dervunner haten, wéi se an der Pandemie doheem waren, an datt déi méi schwach Schüler awer e bëssen drënner gelidden hunn, an notament wirklech am Däitschen. An dofir ass dee Considerant net richtig, wéi en hei steet. Mee mir stëmme se awer och mat.

Mee ech muss awer och soen, datt hei keng grouss Ukënnegunge sinn an datt dat hei keng grouss Dotten domadder sinn. Dat hei ass en Text – hei steet vill schwach op wäiss –, dee fir eis e bësse fir d'Galerie ass zwee Joer nom sanitären Noutstand. Mee mir stëmmen dat awer mat, mir stëmmen dat mat. Mee ech soen nach ëmmer, datt dee Considerant do net stëmmt!

**Une voix** | Haalt dach op!

*(Brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. An den Här Minister huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech mengen, d'Decisioun, ob dat do gestëmmt gëtt, mat deem Considerant oder net, läit bei der Chamber. Ech wëll just vläicht nach eng Kéier deem engen oder aneren awer erklären, wou dat hierkënn. Dat dote ass d'Haaptkonklusioun, déi d'Uni.lu aus den Épreuve-standardiséen 2020 an 2021 erausgezunn huet, genau an där doter Formulatioun.

A wa mer gären eng evidenzbaséiert Approche hätten, denken ech, solle mer eis och op dat, wat dann eng Uni.lu eis mat op de Wee gëtt, baséieren. Ech bestreide jo guer net, an ech mengen, ech hunn et genau elo virun e puer Minutten op der Tribün widerholl, datt, wann ech en Niveau drënner ginn, ech scho feststellen, datt eenzel Schüler, net dramatesch, mee liicht, hir Kompetenzen an eenzelne Kompetenzberäicher verschlechtert hunn an anerer, erëm eng Kéier net dramatesch, mee liicht, hir Kompetenzen an anere Beräicher verbessert hunn. Mee an der Moyenne stelle mer kee systematesche Réckgang an de Kompetenze vun de Schülerinnen an de Schüler fest par rapport zu deene Jore virdrun. Dat ass de Constat, deen d'Uni.lu gemaach huet, an dat ass esou, wéi ech et hei an där Motioun liesen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Ech mengen, da wäere mer prett, fir iwwert d'Motioun ofzestëmmen. Well ech awer e breede Konsens festgestallt hunn: Wäert Der dermat d'accord, dass mer à main levée géifen doriwwer ofstëmmen?

*(Assentiment)*

### Vote sur la motion 2

Wien ass d'accord?

Ech stelle fest, dass dat eestëmmeg ass. Domat wär och déi zweet Motioun ugeholl.

### Motion 3

Dann déi drëtt Motioun, dat ass déi Motioun, déi vum Här Galles abruucht ginn ass. Här Galles, wëllt Dir nach e puer Wuert dozou soen?

**M. Paul Galles** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech mengen zwar, de Gros ass gesot. Ech hat kuerz

erkläert, woufir ech déi Motioun hei eragereecht hunn. Natierlech si mer elo nach eng Kéier an engem ganz aneren Theemeberäich. Mir sinn an der Judendwunnungshëllef, eebe fir déi Jonk, déi no all deene verschiddenen Etappen, déi se schonn duerchgemaach hunn, dann eeben an déi Etapp kommen, wou se müssen oder sollen iergendzousch wunnen, besonnesch eeben dann, wa se net méi kënnen doheem wunnen.

An dat, wat ech esou héieren hunn, dat ass eeben, dass et eng Rei Jonker gëtt, déi sech da melle bei den Acteuren. Do gëtt et awer net e systemateschen Inventaire. Do kann et jo sinn, datt ee sech e puermol, bei e puer Acteuren, gemellt huet, dat heescht Doublanten an Triplanten, an da weess een net ganz genau, wiwill et der wirklech sinn.

Dat heescht, virdru stellt sech nach eng aner Fro, ech hat déi elo heidran net gestallt, mee déi misst ee vläicht nach eng Kéier enzousch anescht klären, nämlech: Wéi vill wunnengslos Jonker gëtt et iwwerhaapt insgesamt? Dat wär nämlech eng ganz interessant Saach.

Hei wäeren et eeben éischter déi Froen: Wéi vill hunn der eng Demande gestallt? Wéi vill Offerten hu mer? An och, wéi kënnen déi verschidden Acteuren da matenee schaffen? Ech krut dat och tatsächlech esou weiderginn als Message vun Acteuren, déi gesot hunn: „Dat wär eigentlech eng grouss Hëllef fir eis“, an dofir hunn ech dat hei an déi Motioun dragesat.

Ech mengen, ech hunn elo näischt Weesentlech vergiess. Ech hoffen, dass et kloer ass, wat d'Zil vun dëser Motioun ass. Merci villmools.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Den Här Lamberty.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Merci, Här President, an och merci dem Här Galles. Hien huet hei effektiv nach eng ganz aner Richtung an den Debat de Mëtteg bruecht an dat, wat e freet, do géif ech aus dem Bauch eraus emol proposéieren a froen, ob Der dermat averstane wäert, dat mat an eng Kommissioun ze huelen, vläicht och an eng Commission jointe – ech hunn elo net mat der Presidentin vun der Logementskommissioun geschwat –, an eng Jointe mat der Educatioun, well mat deem President hat ech elo kuerz Récksprouch, fir dass een de Sujet do kéint vläicht vill méi breet debattéieren, wéi wa mer elo just iergendeng schréfflech Äntwert do kréien.

Dofir, wann Der d'accord wäert, souwuel d'Presidentin vun der Logementskommissioun wéi de President vun der Educatiounskommissioun, an natierlech den Här Galles, da kéinte mer dat vläicht do zesummen diskutéieren.

**M. Paul Galles** (CSV) | Jo, ganz gären. Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Do ass e „ganz gären“ vum Auteur komm. D'Presidentin vun der Logementskommissioun.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Jo, vu datt ech genannt gi sinn, wollt ech awer drop reagéieren. An effektiv betrëfft dat dote méi Kanner wéi Logement. Mee natierlech begrëissen ech déi Propos a mir kënne ganz gären eng Jointe an deem Sënn organiséieren. Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci gesot.

### Vote sur le renvoi de la motion 3 en commission

Da géif ech d'Chamber froen, ob se dermat d'accord ass, fir déi dote Motioun an d'Kommissiounen ze verweisen.

Och do ginn ech dervun aus, dass mer erëm eng Kéier Eestëmmegkeet hunn.



(Assentiment)

(La motion 3 de M. Paul Galles est renvoyée à la Commission du Logement.)

Wann Der erlaabt, just ee Wuert iwwer eppes, wat mech interpelléiert huet an där Diskussioun. Ech soen dat elo mol esou. Den Här Galles huet gesot, dass e gewësst Mësstrauen do wär vis-à-vis vun de SePASen, well Saache weidergesot géife ginn. Do géif ech mer wënschen, dass een där Saach op de Grond géif goen, fir net en allgemenge Verdacht opkommen ze loosse vis-à-vis vu Servicer, déi awer eng ganz gutt Aarbecht leeschten.

Bon, elo kënnt Der mer soen, do géif ech als President schonn e bësse wäit goen. Mee ech wëll Iech awer soen, dass dat doten esou e Service ass, dee vum Vertraue leeft, an dass een dat Vertrauen net lichtfankeg därëf ennergruewen. Wann also do Problemer wären, géife mer deenen op de Grond goen.

Här Galles, ech mengen, dat ass och an Ärem Sënn.

**M. Paul Galles** (CSV) | Ech weess net, ob et esou eppes gëtt wéi „Parole après président“.

(Hilarité)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dach, mir hunn et elo erfionnt.

**M. Paul Galles** (CSV) | Just fir ze soen, datt dat fir mech och ganz kloer ass. Et geet natierlech net drëms, fir d'Vetrauen ze ennergruewen. Dat ass ganz kloer e mega wichtige Service.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo.

**M. Paul Galles** (CSV) | Ech hunn dat do e puermol héieren. Ech hat awer elo just och mam Kollege Jean-Paul Schaaf e bësse rieds, wou mer och driwwer geschwat hunn, wat méiglech Grënn dovun kéinte sinn, dass heiansdo esou e Mësstrauen entsteet: Zum Beispill eeben, well am SePAS jo och Ekippe schaffen, an da lant een eng Kéier bei deem engen an eng Kéier bei deem aneren, an da kënnen do Onsécherheeten entstoen. Dat kéint zum Beispill eng Erklärung sinn. Dofir, ech ennerstëtzen do ganz gären dat, wat Dir vun Härze gesot hutt.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Also, et sollt konstruktiv sinn, dat war net als Kritik geduecht. Ech soen Iech Merci fir d'Versteedsdemech.

#### 4. Heure d'actualité de la sensibilité politique Pirates au sujet de la proposition législative de l'UE visant à prévenir et à combattre les abus sexuels sur les enfants en ligne

#### Question élargie n° 149 de M. Laurent Mosar au sujet de la nouvelle proposition législative de la Commission européenne visant à combattre les abus sexuels sur les enfants en ligne

Mir géifen dann zum nächste Punkt iwvergoen. Dat ass d'Actualitétsdebatt, déi vun de Kollege vum der Sensibilitéit Piraten ugefrot ginn ass. An do geet et ëm déi legislativ Proposition vum der Europäescher Union fir d'Prevention an d'Lutte géint Abus sexuels vun Kanner en ligne, associéiert mat enger Question élargie, déi vum Kollege Laurent Mosar zu deem selwechte Sujet gestallt ginn ass.

An do si mer eis eens ginn, dass mer déi zwou Initiative matenee géife behandelen. Domat géif dann den Auteur vun der Heure d'actualité fir d'éischt d'Wuert

kréien, dann den Här Mosar, a mir géifen eng gemeinsam Diskussioun féieren. Dat ass jo am Sënn vun der Chamber. An ech hunn dat richteg verstanen: Den Här Clement huet direkt d'Wuert. Här Clement, wann echgellift.

#### Exposé

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi mer alleguerte méttlerweil hoffentlech matkritt hunn, ginn et op EU-Niveau ëmstridde Pläng zur Ofschafung vum digitale Bréifgeheimnis. D'EU wëllt all Ubidder vun engem E-Mail-, Chat- oder Messengerservice obligéieren, d'Noriichte vu senger Benotzer systematesch an automatiséiert ze duerchsichen.

Dat eigentlech luewenswäert Zil dovunner soll et sinn, iwvert dëse Wee sougenanntent „child sexual abuse material“, kuerz CSAM – frëier Kannerpornographie genannt, vill méi e grujelege Begrëff –, ze erkennen an dann d'Täter festzehuelen, en Zil, wat immens luewenswäert ass, wat awer mat där um Dësch leiender Propos leider net erreicht wäert ginn. Villméi géif et zu enger déifgräifender Aschränkung vum Recht op Privatsphär an Dateschutz kommen an et géifen digital Diere fir Iwwerwaachung opgemaach ginn, déi den Internet um Enn vum Dag zu engem manner séchere Raum géife maachen, an dat eeben och fir d'Kanner.

Aus dësem Grond hunn d'Piraten dës Heure d'actualité ugefrot, mam Zil, d'Positiounen vun de lëtzebuergesche Parteien an der Regierung zu der geplangter Chatkontroll ze héieren.

Mir dierfen eis hei keng Mäercher opdësche loosse. De proposéierten Text an déi domat verbonne Mesurë wäerten den Handel an d'Produziere vun CSAMen an och sougenannte „Cybergrooming“ net reduzéieren. Déi vun der Propos viséiert Plattformen sinn nämlech guer net déi, déi primär fir d'Deele vun esou Contente benotzt ginn. An dorops mécht och den Däitsche Kannerschutzbond opmierksam, fir deen de Schutz vum Kand jo definitiv un éischter Stell steet an deen och an der Vergaangenheet net fir Parteipolitik bekannt war.

Et ass zënter Laangem awer bekannt, datt Persounen, déi d'Duerstellung vu sexueller a sexualiséierter Gewalt u Kanner produzéieren oder ukucken, dëst oft iwwer just zu deem Zweck ageriichten an opgebauten eegen Netzwierker maachen.

Wann et also zu enger gesetzlecher Reegel géif kommen, déi et erlaabt, déi privat Konversatiounen all ze scannen, ma da wäerten déi Kriminell sech ganz séier op genau dës kriminell Netzwierker zréckzéien. An ech sot et hei schonn am Kader vun aneren Interpellatiounen: Déi sinn net blöd! Se si vläicht kriminell, mee se sinn net blöd, well se wëllen net erwëscht ginn!

Dat ass genau dee selwechte Problem wéi mat den Iwwerwaachungskameraen, wa mer Chatte wëllen entschlessen an esou weider. Just well mer eng Kamera ophänken, kënnt et vläicht do net méi zu Strofnoten, mee dann eeben an der Strooss niewendrun. Dee Verdrängungseffekt ass gutt dokumentéiert, an do dierf ee sech vun dëser EU-Propos net blende loosse!

Jo, déi proposéiert Iwwerwaachung ass extreem breet ugeluecht, soudatt se fir den, Zitat, „normale Bierger“, deen en Handy huet a méiglechst nach mat Famill a Frënn chatt a Fotoen a Videoe schéckt; enger Iwwerwaachung vu senger ganzer Onlinekommunikation géif gläichkommen. Mee fir e Kriminellen, dee weess, datt en eppes ze verstoppen huet, ass et e Witz. Dee benotzt dann einfach keng europäesch Plattformen méi a scho guer keng, déi enger grousser

offizieller Firma gehéieren. Deen zitt sech an den Darknet zréck oder notzt oder baut eegen Netzwierker ganz ënnert dem Radar vun der staatlecher Iwwerwaachung op.

Déi Kriminell, ëm déi et eigentlech bei dësem Gesetz oder bei dëser Reegel soll goen, wäerten um Enn also net méi einfach kënne fonnt ginn, mee Milliounen vun onschëllege Userinnen a User wäerten online kee Wuert méi kënnen deelen, ouni datt iergendeen Algorithmus dat kuckt an eventuell, wann den Algorithmus falsch erkennt, och Mënschen hir privatste Biller kënne kucken.

Esou eng verdachtsongefängeg Masseniwwerwaachung ass net mat eisen nationalen an europäesche Grondrechter ze vereinbaren. Si ass net verhältnismäissig an, wéi ech virdru scho sot, net zillféierend.

Ganz am Géigendeel géif se d'Kommunikatioun am Internet nach méi onsécher maachen, an dat fir jiddwereen an, nach eng Kéier, och fir d'Kanner. Wann d'Plattformoperateuren Outile musse kreéieren, fir all d'Messagë kënnen ze duerchsichen, da kënnen dës Outilen natierlech och vu Geheimdéngschter an Hacker mësbrauch ginn.

Wann et op eisen Handye bis méiglech ass, all Message, all Foto an all Video ze scannen, ma da kënnen och Krimineller sech Zougang zu dëser Fonctioun verschafen. Coden ouni Bugs gëtt et net. Wa bis eng Dier do ass, dann ass se do, da ka jiddwereen derduerch kommen, wann en den techneschen Knowhow huet. Da kënnen och Staaten dës Dier notzen, fir zum Beispill Journalistinnen, Journalisten a Regimmkritiker systematesch ze iwwerwaachen an dann och ze verfollegen. Da kënnen Erpresser dës Dier notzen, fir Profit aus privaten Informatiounen ze schloen. Da kënnen duerch dës Dier Identitéite geklaut ginn.

A jo, am schlëmmste Fall kéinten och Pedophiller dës Dier notzen, fir privat Informatiounen ofzegräifen a se ze notzen, fir hiren Affer méi séier nach méi no ze kommen oder privat Fotoen, wou Kanner drop sinn, ze sammelen. An dat wär jo dann awer de Gipfel vun der Absurditéit vun esou engem Text!

A jo, Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech weess, datt an der aktueller Propos net prezisiéiert ass, wéi déi verlaangt Kontroll duerno soll technesch konkret ëmgesat ginn. An doraus kéint ee jo elo ofleeden, datt déi grad geäussert Bedenken alleguerten iwwerdriwwen sinn, well jo kee seet, datt et zu engem Client-Side-Scanning muss kommen, wou op dem Handy vum Nutzer e Scanning gemaach gëtt.

Et kéint technesch jo och anescht geléist ginn. D'Propos schreift jo näischt vir. A jo, dat stëmmt. D'Propos schreift näischt vir. Den Artikel 13 huet och net explizit Uploadfiltere virgeschriwwen, an awer si se komm. Datt d'EU hei net méi konkret gëtt, läit dorunner, datt et, wa se e konkreten Outil géif nennen, vill méi einfach wär, duerzeleeën, firwat esou en Outil géint d'Grondrechter géif verstoussen. Doder, datt se vag bleiwen, ass den Text net esou ugräifbar.

An trotzdem ass kloer, wéi d'Firmen duerno den Exigence vum Gesetz wäerten nokommen. Apple bitt an den USA haut schon d'Technik vum Client-Side-Scanning op hiren Telefonen un, fir den Elteren et ze erméiglechen, op dem Handy vum hire Kanner e Scan ze aktivéieren, deen eng Warnung erausgëtt, wann e Kand probéiert, en Aktbild ze schécken oder dem Kand eent geschéckt gëtt. Bis elo ass de Scan just lokal, dat heescht, et gi keng Informatiounen vum Handy erausgeschéckt, mee et gëtt just um Handy selwer eng Warnung affichéiert, wou een dann ëmmer nach kann decidéieren, d'Bild awer ze kucken.

Dës Technik esou unzepassen, datt d'Warnung duerno net just lokal ass, mee direkt un d'Police weitergeet, obwuel et vläicht e sougenannte „false positive“ ass, oder eeben un een, deen d'Date géif illegal ofgräifen an dann och d'Bild géif matschécken, ma dat ass leider e Kannerspill, technesch fir den Utilisateur guer net nozevollzéien. An d'Technik ass do.

An duerfir wësse mer ganz genee, wéi d'Virussetzung vun der EU-Propos duerno géif vun den Ubidder ëmgëst ginn. Déi benotze schliisslech léiwer déi Outillen, déi se schonn hunn, wéi fir deiert Geld nees eppes ganz Neies ze entwéckelen.

Mee dës Outile sinn e Sécherheetsrisiko fir eis digital Kommunikatioun, entsprechen enger Ofschafung vum Bréifgeheimnis a verstosse géint d'Recht op de Schutz viru verdachtsloser Masseniwwerwaachung. A se sinn och net feelerfräi: Och ganz legitim Inhalter, wéi zum Beispill eng Foto, déi een Elterendeel deem anere schéckt, wou hiert Kand drop ass, wéi et glécklech an der Bidde spillt, géif vum Algorithmus erausgefëscht ginn, potenziell bei der Police landen an do dann och nach vun engem consultéiert ginn.

Ech froen Iech alleguerten heibannen: Wëllt Dir, datt Fotoe vun Äre Kanner a vun Ären Enkelen duerch iergendeen Algorithmus erausgefëscht ginn an un d'Police geschéckt ginn, wou dann en aarme Beamte muss den Tri maachen, wat dann elo sexualiséiert Gewalt ass a wat net? Wëllt Dir dat wierklech?

**Une voix | Nee!**

**M. Sven Clement** (Piraten) | Da sidd Der fir déi Propos. Wann net, muss ee ganz kloer dergéint sinn!

Esou Inhalter géifen dann nämlech och zu Ermëttlung feieren. An esou géife bei der Police wäertvoll Personalressourcë verschwent ginn, fir esou Fäll nozegoen. Déi am schlemmste Fall esouguer Hausduerschunge maache kéinte bei Leit, wou de Kanner kee Leed geschitt ass, wou eebe just Eltere vläicht mat de Bomien a Bopien e bëssen ze vill där Fotoen hin- an hiergeschéckt hunn, wat awer definitiv kee Leed generéiert huet. Kee Leed, bis hiert Recht op Privatsphär mat Féiss getréppelt gëtt. An dat, well eng Foto vun hinnen, déi geduecht war, fir privat ënnerenee verschéckt ze ginn, op eemol bei der Police gelant ass, ouni hiert Wëssen. Also, dat ass wéi eng Hausduerschung, wou d'Police där iergendwann an der Nuecht erakommen an einfach mol eng Kéier an Ärem Tiräng wullen, ouni Iech ze soen, datt se do war. Mech skandaliséieren esou Proposen!

An duerfir, Här President, deposéieren ech och eng Motioun, mat där ech d'Regierung invitéieren, sech am EU-Conseil géint den automatiséierte Screening vu Biller, Videoen, Messagen a Sproochnorichten auszuschwätzen. Wannechgelift.

### Motion 1

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest,*

– dass ënner anerem d'Charta vun de Grondrechter vun der Europäescher Union de Respekt vu Privat- a Familjeliewen an de Schutz vu persounbezunnen Date mat den Artikelen 7 an 8 festschreift;

– dass d'Recht op Privatsphär souwuel am Artikel 11 (3) vun eiser Verfassung wéi och am Gesetz vum 11. August 1982 concernant la protection de la vie privée verankert ass;

– dass d'Bekämpfung vum Kannermessbrauch eminent wichtig ass;

– dass een doduerch aner Grondrechter net gänzlech aushielegen därf;

– dass et wichtig ass, an deem Beräich en uerdentlechen Equilibre ze fannen;

– dass d'EU Kommissioun den 11. Mee hir zweet legislatif Propos zur Bekämpfung vun Abus sexuels vu Männerjärengen am Internet gemaach huet;

– dass dës Proposition vun Datschützer kritiséiert gëtt, well duerch dës Propos all Biller, Videoen, Messagen a Sproochnorichten aus Chats op Inhalter gescannt ginn. Domat wier dat digitaalt Bréifgeheimnis net méi assuréiert;

– dass de Risk besteet, dass déi viséiert kriminell Persounen sech nei Plattformen sichen, wou si net vun der EU-Kommissiouns-Propos betraff wäeren;

– dass eng Ëmsetzung vun der genannter Propos mat erhäufleche Risike fir d'Sécherheet vun eiser gesamter Onlinekommunikatioun verbonnen ass.

Aus dës Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– sech zum digitale Bréifgeheimnis ze bekennen;

– sech am EU-Conseil derfir anzesetzen, dass de Screening vu Biller, Videoen, Messagen a Sproochnorichten, dat heescht déi sougenannten „chatcontrol“, aus der Propos entfällt.

(s.) Sven Clement, Marc Goergen, Martine Hansen, Laurent Mosar, Gilles Roth.

Pedophilie bekämpft een net mat Masseniwwerwaachungen, mee mat Preventioun, mat Opklärungs- a Sensibiliséierungsarbecht bei den Elteren a Kanner, mat engem Opstocke vun de Policeunitéiten an deemem Beräich an och mat engem Ausbau oder iwwerhaapt der Kreatioun vun enger Ulaftell fir Persounen, déi sech zu Kanner higezu fillen an net zu Täter wëlle ginn.

Hei mussen och zu Lëtzebuerg nach Fortschreitter gemaach ginn. An duerfir wëll ech och dës zweet Motioun deposéieren, zu där ech dann direkt nach eppes Klenges soen.

### Motion 2

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest,*

– dass BEE SECURE schonn Trainings fir Grondschoulen (ab dem Cycle 2.2) a Lycéesklassen op fräiwëlleger Basis ubitt;

– dass BEE SECURE op hirer Websäit Informatiounen zu den Theemen CSAM („child sexual abuse material“), Grooming, Sextorsion ubidden;

– dass 2020 4.022 Fäll vun CSAM bei BEE SECURE gemellt goufen an dovunner 2.410 als illegal agestuft gi sinn an un d'Police weidergereicht goufen;

– dass Affer vun CSAM, Grooming oder Sextorsion sech kennen un d'Police wannen an och deelweis kennen direkt iwwert den E-Commissariat e Fall signaliséieren;

– dass Persounen, déi gefärdet sinn, zum Täter ze ginn, eng Ulaftell brauchen, wou si onkomplizéiert a séier un Hëllef kommen.

Aus dës Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– fir d'Schoule weider an deemem Beräich ze sensibiliséieren a si bei der Ausaarbechtung vu preventive Schutzkonzepter ze begleeten;

– fir all d'Schüler ab dem Cycle 4.1 en Training mat BEE SECURE vu mindestens zwou Schoulstunnen pro Schouljoer obligatoresch ze maachen;

– d'Unitéit vun der Police judiciaire, déi fir CSAM („child sexual abuse material“) zoustänneg ass, persounell opzestocken, hinnen déi néideg Formatiounen a Weiterbildung unzebidde souwéi och dat néidegt Material zur Verfügung ze stellen;

– eng Websäit an eng Hotline, wou Persounen, déi gefärdet sinn, zum Täter ze ginn, Informatiounen a

preventiv Hëllef ugebuede kréien, unzebidden a bekannt ze maachen.

(s.) Sven Clement, Marc Goergen, Martine Hansen, Laurent Mosar, Gilles Roth.

Sech zu Kanner higezu fillen ass eng Krankheet, keng Strofdot. Mee senge Gefiller nozeginn an e Kand unzepaken oder d'Duerstellung vu sexueller oder sexualiséierter Gewalt u Kanner ze kucken oder ze produzéieren ass eng kloer Strofdot an et ass eng Entschuedung! Kee gëtt gezwongen, zum Täter ze ginn. Et kann een och de Wee wielen, sech Hëllef ze sichen an domat d'Kanner a sech selwer ze schützen. A leider ass dës Wee zu Lëtzebuerg nach net accessibel genuch.

Ech hu während der Preparatioun vun dëser Heur d'actualité zwou séier Internetrecherchen, eemol op däitsch an eemol op franséisch, gemaach an zweemol hunn ech keng Ulaftell hei zu Lëtzebuerg ugewise kritt, wou Persounen sech kéinte mellen. Ech hoffe just, datt ech elo net um Radar vun der Strofvollzugsbehörde sinn, déi elo iergendwéi dann eng Kéier bei mir nokucken.

Ech mengen, datt hei eng staatlech Websäit, déi op Therapieoptiounen verweist, an och eng Hotline, un déi Persounen sech anonym wenne kënnen, wa se d'Gefill hunn, sech net méi am Grëff ze hunn, wierklech hëllef kéinten, en Deel vun der Strofdoten un de Kanner ze vermeiden.

Duerfir fuerdert dës Motioun niewent enger méi staarker Preventiounsarbecht bei de Kanner an enger Opstockung vun der Policeunitéiten och eng besser Preventiounsarbecht um Niveau vun der potenziellen Täterinnen an Täter. Esou kann een nämlech wierklech hëlfe, Iwwergrëff op Kanner opzeklären an Täter festzehuelen oder d'Doten esouguer ze verhënneren.

Mat digitaler Iwwerwaachung geet dat net. Duerch Iwwerwaachung mécht ee keng Preventioun an et dréckt een d'Kriminalitéit just nach méi déif an den Ennergrond an et mécht een d'Policeermëttlungen domadder nach méi schwéier.

Mir Piraten soen duerfir kloer Nee zur Ofschafung vum digitale Bréifgeheimnis, nee zur Chatkontroll, mee Jo zu enger personeller Stärkung vun der Police a Jo zu méi Preventioun!

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, et deet mer Leed, ech hätt dat nach misse klärfieren: Déi zwou Motiounen, déi ech ofginn hunn, hunn ech zesumme mam Kolleg Laurent Mosar, dee jo och déi Summe elargie huet, ausgeschafft an ech deposéiere se och an eisen zwee Nimm an net nëmmen eleng.

**Une voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, ech sinn iwwerzeegt, den Här Mosar hätt dat och scho gekläert. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, léif Madamm Justizministesch, et ass eng Zuel, déi kaum ze erdroen ass: 85 Milliounen Videoen a Fotoen, déi sexuell Gewalt u Kanner weisen, sinn 2021 weltwäit opgespiert ginn. Eleng an Däitschland sinn 30.000 Fäll vu Kannermessbrauch d'lescht Joer enquêtéiert ginn.

Ech wëll hei net op den Detail vun enger schrecklecher Affär agoen hei vir zu Wermelskirchen, net wäit vun eis ewech, wou eleng 3,5 Milliounen Fotoen an 1,5 Milliounen Videoe mat erschreckende Biller zudag komm sinn.

Ech muss soen, déi Zuele schockéieren an erschrecken een an déi Zuele sinn och kaum ze erdroen! An



ech muss Iech soen, mir alleguerten hu vläicht vill ze vill laang nogekuckt, wat de Kannermessbrauch ubelaangt. A wann ech soe „mir alleguer“, ass dat natierlech an der Europäescher Unioon, an allen EU-Staaten, awer och zu Lëtzebuerg, well och hei zu Lëtzebuerg si mer alles, mee keng Insel, wat déi dote Faite betrëfft. A meng exzellente Kollegin, d'Madamm Nancy Arendt, huet jo schonn e puermol hei insistéiert an enger ganzer Rei vun exzellente Interventiounen.

Ech hu just ganz kuerz e puer Zuele gekuckt, déi een trotzdeem erschrecken: Anscheinend sinn 1 % vun all esou Affären, déi opgedeckt gi sinn, hei zu Lëtzebuerg iwwer Lëtzebuergesch Servere gelaf. Dat ass trotzdeem eppes, wat een hei muss erschrecken. An eng ganz Rei vu Bezuelunge ginn och iwwer Bezuel-systemer hei ofgewéckelt. Eleng d'lescht Joer sinn 300 Fäll bei der Cellule de renseignement financier gemellt ginn. Dat fir ze soen, datt dat doten net nëmme e Problem ass, deen Europa ugeet, mee och hei zu Lëtzebuerg ass do nach munches ze maachen.

De Kolleg Sven Clement an ech selwer – an hien huet et virdu scho gesot – hunn duerfir och eng Motioun hei deposéiert, fir eng Rei vu konkreete Propositionen ze maachen, well, wéi gesot, hei geet et net nëmme ëm e Problem, deen ee muss europawäit ugoen, mee et muss een dee Problem och ganz seriö wäit vläicht nach vill méi intensiv an den nächste Joren hei zu Lëtzebuerg ugoen.

D'EU-Kommissioun wëllt also elo eng Initiativ huelen. An ech wëll och direkt soen, datt mir dat natierlech ganz staark begreifen. Et ass absolutt noutwendeg, datt och eng EU-Kommissioun sech där Thematik do unhëlt, well esou kënne mer wierklech net virukommen.

Allerdéngs – an de Kolleg Clement huet dat virdu jo och schonn a sengen Ausféierungen duergeluecht – ginn elo hei Mesurë proposéiert, déi manifestement iwwert an niewent d'Zil schéissen. Hei sollen an Zukunft all d'Bedreiwer vu Plattformen gezwonge ginn, all Gewaltduerstellungen vu Kanner ausfindeg ze maachen. Dat heescht, datt an Zukunft, wann dat esou géif duergoan, all Kommunikatioun iwwer WhatsApp a Messenger strofbar wier, wann och nëmme e signifikative Risiko géif bestoen, datt et do zu enger Kannermesshandlung géif kommen.

Am Moment – an dat ass och scho virdu gesot ginn – sinn awer nach ganz vill Detailler onkloer an deene Propositionen, notament – an dat ass eng fundamental Fro fir d'Spezialiste vun deene Messengerdängschter, déi wëssen dat – geet et ëm déi sougenannte Enn-zu-Enn-Verschlésselung, wéi déi kéint contouréiert ginn. An an deem Kontext schwätzen dann och haaptsächlech d'Dateschützer vun där sougenannter Chatkontroll, déi et och fäerdegbruecht huet, an de leschte Woche ganz vill Dateschützer a Mënschrechtsaktivisten u sech géint déi Initiativ hei op de Plang ze ruffen.

Mee net nëmme si fannen, datt dat heiten dat falscht Instrument ass! An ech kann nëmme dat widerhuelen, wat de Sven Clement virdu gesot huet: Och den Däitsche Kinderschutzbund seet, dat hei wär manifestement dat falscht Instrument, fir géint déi dote ganz grav Faite virzegoen, an üübt u sech eng ganz haart Kritik par rapport zu deenen dote Propositionen.

An Däitschland, ech hunn et virdu gesot, ass éigentlech net de Problem – an dat soen déi Kanner-schützer, dat gëllt zu engem Deel d'ailleurs och fir Lëtzebuerg –, datt do net genuch Affäre géifen opgedeckt ginn. An Däitschland waren et der, ech hunn et gesot, d'lescht Joer 30.000. Mee si hunn einfach net genuch Leit, fir iwwerhaapt op deenen Dossieren ze schaffen. An dat ass ee vun de fundamentale

Problemer, wat generell de Kampf géint Kannermessbrauch souwuel am normale Liewe wéi awer och am digitalen Ëmfeld ugeet.

Firwat fanne mir déi dote Solutiounen net gutt? Ech ginn eng Kéier ganz schnell hei driwwer, well zum Deel huet och schonn de Sven Clement déi Bedenke gesot.

Ech mengen, datt zu engem groussen Deel esou Biller iwwerhaapt net iwwert déi normal Plattformen gedeelt ginn. Do ginn der ganz vill iwwert den Darknet gedeelt.

Zweetens, an ech mengen, dat ass e fundamental wichteg Argument: Hei riskéiere mer e Kollateralschued. D'Gefor fir all Utilisateur vun iergendengem Netz – an dat si mir alleguerten hei am Raum – ass enorm grouss.

Dat Drëtt, an dat ass och en Argument, wat de Sven Clement hei virbruecht huet: Hei kéinten notament bei där Chatkontroll duerch d'Hannerdier och Kriminalen an Accés op ganz vill där Messenger- a WhatsApp-Message kréien.

An da véiertens, an dat ass vläicht en Argument, wat virdu nach net esou staark ugeklongen ass: Hei gëtt versicht, mat digitaler Kompetenz a mat Technologie e gesellschaftleche Problem ze léisen. Kannermessbrauch, Dir Damm an Dir Härten, ass e gesellschaftleche Problem, deen een iwwerall fënnt, deen duerch ganz Gesellschaften geet, a mir sollen net mengen, mir géifen dee Problem mat Algorithmen weeder an der EU nach hei zu Lëtzebuerg léisen!

Ech mengen duerfir, datt déi Propositionen vun der europäescher Direktiv net an déi gutt Richtung ginn, an hei ass och eng EU gefuerdert, awer de Schutz vun Privatliwien ze garantéieren.

An ech mengen, et kann een hei d'Beispill ginn – an de Sven Clement huet jo änlech argumentéiert –: Wann dat heite géif passéieren, wär dat quasiment, wéi wann all Är Bréiwer, déi Der iwwer normale Courrier kritt, missten opemaach ginn! Stellt Iech dat emol vir, all Är Bréiwer, déi Der kritt, missten opemaach ginn! An dat ass jo eppes, wat mer an enger Demokratie, wou et e Schutz vun der Privatsphär vun all Bierger gëtt, net kënnen akzeptéieren!

Als Konklusioun, an ech wär frou, wann d'Madamm Minister – an duerfir hu mer jo och déi Fro gestallt – eis natierlech géif soen, wat d'Positioun vun der Regierung ass, awer och, wat e bëssen d'Mesurë sinn, déi d'Regierung gedenkt, hei ze huelen.

Fir d'alleréisch, an do si mer, mengen ech, alleguerten an deem Haus hei averstanen: Mir mussen d'Gang-aart géintiwwer den Täter, déi sech hei zum Deel op eng degoutant Aart a Weis u Kanner verginn, ganz staark an d'Luucht setzen! Dat muss op ville Pläng geschéien, natierlech um Niveau vun der EU, awer och op nationaler Ebene.

Dat muss normal geschéien, well et gëtt och nach ganz vill Mëssbrauch – an ech kucken d'Nancy Arendt, dat huet jo eng Rei ganz gutt Beispiller ginn – am normale Liewen. Mee d'neiwent gëtt et och elo dat digitaalt Ëmfeld, an do muss, wéi gesot, ganz vill geschéien. Mir mussen och permanent dee Kampf do féieren, dat heescht 24 Stonnen op 24.

An ech hunn eigentlech hei en Zitat, wat mer gutt gefall huet, wat ech Iech einfach wollt soen. Dat kënnt vum däitschen Innenminister vun Nordrhein-Westfalen, dem Här Reul. Deen huet eng Kéier elo gesot: „Ich kann allen Pädophilen nur sagen: Wir kriegen Euch! Vielleicht nicht heute, aber eines Tages stehen wir vor Eurer Tür.“ An ech mengen, och esou muss een dee Kampf géint Kannerpornografie, géint Kannermessbrauch ugoen.

Mir dierfen allerdéngs net de Feeler maachen, datt mer hei d'Kand mam Bued ausschëdden. A mir mussen hei derfir suergen, datt de Schutz vun der privater Noriicht – an dat ass eng grouss Errungenschaft vun all Demokratie an och vun der Europäescher Unioon – muss an enger Demokratie absolutt Virrecht behalen. An et kann net sinn, datt an Zukunft all Noriicht kontrolléiert gëtt! Dat wär e ganz staarke Broch, wat eis Grondrechter betrëfft.

An duerfir, mengen ech, wär d'EU hei ganz gutt beroden, alles ze ënnerhuelen, fir deen doten Agrëff an d'Privatsphär net ze erlaben. An ech mengen, et wär wichteg, wann d'EU-Kommissioun – an dat wär och mäi leschte Saz – sech géif e Sproch vum Michelle Obama zu Härzen huelen, dat eng Kéier gesot huet: „When they go low, we go high.“

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och.

An nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**Mme Carole Hartmann (DP)** | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, eis Welt gëtt ëmmer méi digital. Den Internet ass kee rechtsfräie Raum. D'Privatsphär an d'Donnéeën vun de Mënschen muss geschützt ginn. De Schutz vum Kand steet ëmmer un éischter Stell. Dës véier Sätz hunn de politeschen Discours iwwert déi lescht Joren des Éftere bestëmmt. All eenzelnen huet seng Richtegkeet.

Méi komplizéiert gëtt et, wa sech d'Privatsphär, den Dateschutz an d'Sécherheet vum Kand géintiwwer-stinn. Duerch d'Coronapandemie huet sech d'Liewen nach méi op den Internet verlagert. Ee Revers dovunner: Och de sexuelle Mëssbrauch vu Kanner um Internet ass laut Europol massiv an d'Luucht gaangen. 2021 sinn hei zu Lëtzebuerg 2.562 Internetsäite bei der BEE SECURE Stopline gemellt ginn. 1.388 Säiten, also 54 % dovun, hu strofbar Inhalter ugewisen. 1.388 Säiten, Kolleginnen a Kollegen, dat si héi Säite wéi déi traditionell Telefonsbicher, mat Inhalter, wou e Kand mëssshandelt, mëssbraucht, vergewaltet gëtt!

En anert Beispill: An dem däitsche Fall vu Bergisch Gladbach sinn deemools eng ronn 30.000 verdächtige Datesätz fonnt ginn.

Här President, natierlech ginn et vereenzelt Online-plattformen a -provider, déi vu sech selwer aus versichen, hir Servicer méi sécher ze maachen. Anerer ënnerhuelen awer näischt oder gi sech mat hallefhäerzege Léisungen zefriden. A well d'Abusen ëmmer weider zohuelen, begrësst d'DP vum Prinzip hier och, dass dese wichtige Sujet vun der Europäescher Kommissioun opgegraff gëtt.

D'Usätz, fir dem Problem entgéintzewierken, si follgend: e Kader mat enger klarer Definitioun, fir illegal Content besser ze erkennen; eng EU-Agence, fir d'Lutte géint de Mëssbrauch vu Kanner a Mannerjärengen op enger Plaz ze vereenegen; Moossnamen a Richtlinnen, fir Entreprisë méi an Eegeverantwortung ze zéien.

An der Diskussioun ass awer och déi schonn ugeschwaten Chatkontroll, dat heescht eng cibléiert Detektioun, eng Aart Iwwerwaachung vu Kommunikatiounen. Während déi éischt dräi Usätz duerch ze begrësse sinn, muss mer bei der Chatkontroll awer onbedéngt iwwert d'Grondrechter schwätzen.

Als Demokratische Partei si mir e fervente Verdeederer vu jidderengem sengem Recht op Privatsphär, op Dateschutz an op d'fräi Meenungsausserung. Dozou gehéiert fir eis och de fräien Echange vu Messagen a Videoen. Mat Bléck op d'Abusen, déi ech virdrun ugeschwat hunn, virun allem wa se Mineure betreffen, mussen mer eis awer d'Fro stellen, wéi mer dës Grondrechter mat dem Grondrecht vun de Kanner op Schutz a Wuelbefanne kënnen vereenen.

Wichtig dobäi ass fir eis, dass, esou wéi den Artikel 8 vun der Mënscherechtskonvention et virgesäit, all Ingerence an d'Privat- an d'Familljeliewen net nëmme vun engem Gesetz muss virgesi sinn, mee dass dës Ingerence och wirklech néideg ass an e legitime But muss erfëllen.

De But ass hei sécherlech legitim: Et geet ëm de Schutz vun eise Kanner! Beim Agrëff, deen hei op EU-Niveau proposéiert gëtt, stelle sech awer nach eng ganz Rei Froen, notament déi – an et ass schonn ugeschwat ginn – vun den Outilen, déi hei solle gebraucht ginn, a virun allem den technologesche Méiglechkeeten, fir net all Message, all Video ze viséieren, mee fir déi Kommunikatiounen erauszefilteren, duerch déi hei Abuse bedriwwen ginn.

Den Equiliber tëschent dem Recht op Privatsphär an dem Schutz vum Kand ass sécher keen einfachen a muss iwwert de Prinzipp vun der Proportionalitéit fonnt ginn. D'Mëttel, déi agesat ginn, mussen verhältnisméisseg sinn.

Här President, niewent der Diskussioun, déi op EU-Niveau lancéiert ass, gi bei eis op nationalem Niveau awer och Efforte gemaach. Ech wëll der kuerz dräi ervirhiewen.

Den Educatiounsminister Claude Meisch huet en neit Jugendschutzgesetz op den Instanzeweie bruecht, dat de Schutz vun de Kanner och um Internet nach weider stärke wëllt. Parallell ass och e Projet de loi ënnerwee, deen Abus sexuels au sens large, dorënner och Abusen, déi a Kommunikatiounen an och am Netz stattfannen, méi streng bestrooft.

An, net ze vergiessen an och schonn ugeschwat, d'Prevention. Et gëtt ëmmer méi wichtig, dass Kanner a Jugendlech léieren, sech och am digitalen Ëmfeld ze schützen. Hei spille BEE SECURE an d'BEE SECURE Stopline e ganz wichtige Rôle, awer och divers Campagnen, Léiermaterialien a Workshoppen, déi organiséiert ginn, fir d'Kanner nach besser ze schützen an hinnen dat néidegt Wëssen an déi néideg Kompetenzen och an der digitaler Welt mat op de Wee ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Lydia Mutsch. Dir hutt d'Wuert.

**Mme Lydia Mutsch** (LSAP) | E bëssen, Här President, fillen ech mech mat deem Debat an den November 2020 zréckversat, wou mer hei am Parlament an enger Diskussioun iwwer e sougenannte „Generalschlüssel“ fir Messengerservice wéi WhatsApp diskutéiert hunn. Deemools goung et ëm e Resolutionsentwurf vum EU-Conseil, deen eng deelweis Opweechung vum Recht op Verschlüsselung fir esou Onlinedéngschter virgesinn huet. Dat erkläert Zil war deemools, fir Kriminellen – a méi spezifesch: Terroristen – besser op d'Spuer kënnen ze kommen, andeems hir verschlüsselt Messagen duerch Police oder Geheimdéngschter kéinten entschlüsselt an iwwerwaacht ginn.

Kolleginnen a Kollegen, d'Terrorismusbekämpfung ass natierlech eng ganz wichtig Missioun, virun allem am aktuellen internationale Kontext. Mee fir eis als

LSAP huet sech bei dëser Debat och d'Fro gestallt, ob dëst net éischter en Alibiargument war, fir en Ophiewe vun der securiséierter Verschlüsselung duerchzusetzen. Entsprechend skeptesch hu mir eis deemools dem Projet géigeniwwer positionéiert.

Déi kritesch Grondhaltung hu mir och haut nach, ronn zwee Joer duerno, wou mer heibannen an enger neier Aktualitéitsdebat, fir déi mir de Kollege vun de Piraten, awer och dem Kolleg vun der CSV Merci soen, iwwert déi sougenannten Chatkontroll diskutéieren. De Prinzipp gouf scho vu menge Virriedner erkläert. Et geet dorës, dass Biller, déi iwwer sozial Medien verschéckt an ausgetosch ginn, mat enger gewëssener Systematik op Kannerpornografie gepréift kënnen ginn.

Fir et direkt kloerzestellen: Och fir eis ass de Kampf géint Kannerpornografie immens wichtig. A mengen Aen ass dat Verbräich wuel dat Schlëmmst, wat een engem Kand iwwerhaupt kann undoen!

Kanner, déi esou Mësshandlungen erliewen, riskéieren, hirt Liewe laang traumatiséiert ze sinn. Derbäi kënnt oft déi zousätzlech Erniddregung, dass dat Verbräich gefilmt ginn ass. A souguer wann déi betrafte Kanner et iergendwéi fäerdegbréngen, dat Erliedent ze verschaffen, riskéiere se, zu all Moment op en Neits domadder konfrontéiert ze ginn. Den Internet vergësst jo bekanntlech näischt.

Deemno ass d'Intention, resolut géint Kannerpornografie virzegoen, natierlech grondsätzlech richtig. Mee muss dofir wirklech jiddwereen, deen e Messengerdéngschter benotzt, ënner Generalverdacht gestallt ginn, op sengem Handy oder Computer esou ruckelzeg a mënschenonwierdeg Biller wëllen ze vehiculéieren?

Et muss een a Kaf huelen, dass privat a perséinlech Contenten systematesch gescannt a vun Externen iwwerpréift kënnen ginn, ouni dovunner ze schwätzen, dass Leit, déi hirt knaschtegt Geschäft mat esou Biller bedriwwen, gegebenefalls ganz séier op aner technesch Moyenen iwwergoe kéinten, fir enger Iwwerwachung ze entgoen.

Mir wëssen nëmme allze gutt, dass bei all Iwwerwachungssystem de Risiko vun Abuse besteet, vun enger Ausweidung op aner Kontrollen, déi iwwerhaupt net méi drop ausgeriicht sinn, déi Schwächsten an eiser Gesellschaft ze schützen. Deemno geet et hei ëm vill méi wéi ëm eng Fro vun informatéschen an technesche Méiglechkeeten. Et geet ëm déi fundamental Fro vum Equiliber tëscht Fräiheet a Sécherheet. Wi vill Fräiheet si mir bereet, zugonschte vun der Sécherheet opzegeen? Bis wouhin ginn déi perséinlech Fräiheeten a wou hale se op?

Fir eis als LSAP ass d'Verhältnisméissegkeet an dëser Fro immens wichtig. Si war fir eis en Theema bei der Diskussioun ëm d'Ophiewe vun der Verschlüsselung, si war en Theema bei der Diskussioun ëm eng méiglech Tracingapp während der Pandemie a si ass och eng Fro bei der Diskussioun vun haut.

D'Haaptfro ass a bleift nämlech an eisen Aen: Wat bedeit eng Mesure wéi d'Chatkontroll fir den normale Bierger? Fakt ass, dass ganz vill Leit vun deenen Iwwerwachungsmesurë betrafft wieren, déi strictement näischt mat Pedopornografie um Hutt hunn. An dofir sti mir als LSAP der aktueller EU-Propos kritesch géigeniwwer.

Kierzlech huet sech och déi nei däitsch Regierung negativ zu dëse Pläng geäussert, soudass mir dovunner ausginn, dass déi Propos vun der Europäescher Kommission wäert nach eng kéier missen iwwerschaaft ginn. Mir géifen dat begrëssen a wiere frou, wann eis Regierung eis Bedenken an deem Zesammenhang mat op Bréssel kéint huelen.

A well mir, Här President, gläichzäiteg determinéiert sinn, Pedopornografie mat Nodrock ze bekämpfen, wollt ech net ofschléissen, ouni drop hinzewiesen – a meng Virriednerin huet dat och elo gemaach –, dass mir zu Lëtzebuerg schonn haut eng Méiglechkeet hunn, fir problematesch Contenten online ze mellen. Sollt ee kriddeleg Contenten zougestallt kréien oder iergendwéi drop stoussen, esou kann een dat iwwer BEE SECURE Stopline mellen, souguer anonym, wann een dat wënscht. Domat kann all Einzelne vun eis mat derzou bäidroen, dass esou degoutant Contenten net onendlech oft weider gedeelt kënnen ginn.

A mengen Aen ass dat par rapport zu den Affer eng Obligatioun fir jiddwereen vun eis, well wee Fräiheet seet, mengt och Responsabilitéit.

Ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Fir d'allereischt loosst mech och Merci soen dem Här Clement an natierlech och dem Här Mosar, dass mer dat haut um Ordre du jour hunn an och dann zesumme kënnen diskutéieren.

Mir schwätzen haut effektiv iwwert d'Onlinediffusioun vu Foto- a Videomaterial, dat sexuelle Mëssbrauch u Kanner weist. D'Verbreedung dovunner iwwer Chat, Videomessagen oder E-Mailen hält dramatesch Dimensionen un, mat – an d'Ziel ass scho genannt ginn – erschreckende 85 Millioune Fotoen a Videoen eleng am Joer 2021. An et ass eis Aufgab, dass mer eis Kanner, déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft, géint dëst fierchterlecht Verbräich schützen.

Aus deem Bewosstsinn eraus huet sech eis Justizministesch och säit Ufank vun hirem Mandat de Schutz vun de Vulnerabele ganz uewen op den Agenda geschriwwen. An ech denken do zum Beispill un d'Reform vun Jugendstroferecht, an de Projet de loi géint d'Abus sexuels an och un de verbesserte Schutz vu Mineuren als Affer an Zeie vu Verbräichen.

Bon, d'Debat vun haut dréit sech ëm verschidde Grondrechter a wéi se mateneen an Aklang kënnen bruecht ginn. Engersäits d'Grondrecht vun de Kanner op Sécherheet an op Schutz viru Sexualverbräichen, souwuel an der reeller Welt wéi eeben och online, an anerersäits awer och d'Recht op Privatsphär a vertraulich Kommunikatioun.

D'Kommissioun huet elo eng Proposition ënnerbreet, wéi se géint déi Onlinediffusioun virzegoen gedenkt. Wéi schonn an der Vergaangenheet bei änleche Verstéiss gëtt et, allez, verschidden Nimm derfir. Déi eng nennen dat d'„Veruerdnungspropos géint d'Verbreedung vu Kannermissbrauchsmaterial“. D'Géigner nennen et d'„Chatkontroll-Veruerdnung“.

D'Propos gesäit am Resümee vir, d'Ubiddere vu Kommunikatiounsdeingschter ze verlichten, fir all Kommunikatioun vun hire Benotzer systematesch no potenziell strofbarem Kannermissbrauchsmaterial duerchzufilteren.

Konkreet bedeit dat zum Beispill, dass d'Verschlüsselung vu WhatsApp oder änlechen Déngschter misst opgeweicht ginn. Zwar gesäit de proposéierten Text vir, dass d'Technologien zur Erkennung vun esou Material net solle kapabel sinn, iergend eng aner Informatioun aus der Kommunikatioun erauszefilteren, mee spëtstens wann een elo versicht, bis dato onbekannt Bildmaterial an enger Kommunikatioun ze fannen, da gëtt dat problematesch, siehe bal onméiglech.



An et ass vläicht net ubruecht, bei dësem heikele Sujet iwwert d'Verhältnisméissegkeet ze schwätzen, well d'Zil vum Text ass wierklech, wierklech wichteg, mee trotzdem mussen mer leider feststellen, dass hei Methoden ugewannt solle ginn, déi hirersäits immens geféierlech sinn an enger reeller Masseniwwerwachung géife gläichkommen. Mir kënnen eis dofir och net einfach esou engem Text ralliëieren, deen am Widdersproch steet mat der Rechtssprechung vum EU-Gerichtshaff.

An ier ech ofschléissen, wollt ech awer och nach eng Kéier kuerz iwwert d'Verfolgung vum Kannermissbrauch hei zu Lëtzebuerg schwätzen. Am Beräich Abus sexuels schaffen aktuell 18 Polizisten a 7 Zivilisten an där Cellule. A vun deene 25 schaffen der 5 speziell am Beräich vum Online-Kannermissbrauch. Vun deene 25 sinn der 5 och eleng dës Joer derbäikomm, wat weist, dass d'Urgence och wierklech elo richtig unerkannt ginn ass. A mir haten de Sujet och schonn um Ordre du jour vun der Kommissioun. Mir hunn do vum Minister de ganz kloer Message mat op de Wee kritt, dass et sech hei och ëm eng ganz grouss Prioritéit vum sengem Ministère an och der Police handelt. Mir stinn och fir méi Policeaarbecht an deem Beräich um Terrain, an dozou gehéiert och d'Enquête sous pseudonyme.

An domadder kommen ech och zum Schluss. Den Tëschefazit Stand haut vu menger Fraktioun zu der neier Veruerdnungspropos kann ech esou resuméieren: Mir sinn iwwerzeugt vum der Urgence, fir de Schutz vun de Kanner offline an online ze verbesseren. D'Propos vun der Kommissioun bitt sécher eng Rei gutt Pistes, zum Beispill den neien Europäeschen Zentrum fir d'Prevention an d'Verfolgung vu Kannermissbrauch oder och nach déi proposéiert Dispositiounen fir e verbesserte Schutz vun den Affer.

Gläichzäitig hu mir awer staark Bedenken zum Text, wéi en aktuell doläit. Dat ënner anerem, well en engersäits wierklech ganz wäit geet a senger Reech wäit ...

(Brouhaha)

Anerer laachen ...

Wéi gesot, mir hu staark Bedenken zum Text, wéi en elo doläit, well e wierklech wäit geet a seng Reech wäit an déi individuell Fräiheete vun alle Bierger a Biergerinnen och erageet. Mee ganz onofhängeg, wéi mir elo dozou stinn, ass den Text awer elo déi weider Verhandlungsbasis op europäeschem Niveau. An dofir proposéiere mer eng Motioun, mat där mer d'Regierung opfuere, sech staark ze maachen, fir dass eng Léisung fonnt gëtt, déi souwuel um Objektiv vum Kampf géint de Kannermissbrauch wäert festhalen, gläichzäitig awer an hiren Outilen dem Prinzip vum der Proportionalitéit gerecht gëtt an eis Grondrechter och respektéiert.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Motion 3**

*La Chambre des Députés,*

– *considérant la nouvelle proposition de règlement européen visant à prévenir et à combattre les abus sexuels sur les enfants en ligne (child sexual abuse matériel « CSAM »), présentée par la Commission européenne en date du 11 mai 2022 ;*

– *rappelant l'envergure de la problématique du « CSAM », avec 85 millions de photos et de vidéos représentant des abus sexuels commis sur des enfants signalés à l'échelle mondiale pour la seule année 2021 ;*

– *reconnaissant par conséquent l'urgence d'agir afin de mieux protéger les plus vulnérables de la société, aussi bien dans le monde virtuel que dans le monde réel ;*

– *considérant les textes internationaux de protection des mineurs ratifiés par le Luxembourg, dont notamment la Convention du Conseil de l'Europe sur la protection des enfants contre l'exploitation et les abus sexuels, datant de 2007 et encore appelée « Convention Lanzarote » ;*

– *considérant également les enjeux majeurs en matière de protection des données à caractère personnel que le texte proposé par la Commission européenne soulève ;*

– *rappelant dans ce contexte les articles 7 et 8 de la charte européenne des droits fondamentaux, qui garantissent le respect de la vie privée et la protection des données à caractère personnel ;*

– *rappelant, dans le même ordre d'idées, que l'article 8 de la Convention européenne des droits de l'Homme soumet toute ingérence d'une autorité publique dans l'exercice du droit au respect de la vie privée et familiale au principe de proportionnalité ;*

– *considérant l'initiative gouvernementale « BEE SECURE » et sa mission de promouvoir, en coopération avec les réseaux européens, une utilisation plus sûre, responsable et positive des technologies de l'information ;*

– *soulignant l'engagement du Grand-Duché de Luxembourg en matière de protection des données, tant au niveau national qu'international,*

*invite le Gouvernement*

– *à s'engager, dans le cadre des discussions relatives à la proposition de règlement de la Commission européenne, pour une solution qui améliore la protection des mineurs dans l'environnement numérique tout en respectant*

• *les droits fondamentaux,*

• *le principe de proportionnalité des mesures par rapport à l'objectif recherché,*

• *la jurisprudence de la Cour européenne de Justice en matière de protection des données à caractère personnel.*

(s.) *Stéphanie Empain, Marc Hansen, Carole Hartmann, Lydia Mutsch.*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. An nächste Riedner ass den Här Roy Reding, dee scho prett ass. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

**M. Roy Reding** (ADR) | Merci, Här President. Ech si wierklech glécklech, dass hei am Haus d'Kollegen alleguerten an déi selwecht Richtung denken. Kee vun eis ass fir Pedopornografie, mee kee vun eis wëll dat Trojanescht Päerd géint d'Meenungsfreiheet, géint d'digital Bréifgeheimnis.

D'EU-Kommissioun huet alt nees eng Kéier en total grausamen Text ausgeschafft ënnert der Leedung vum „Zensur-Ursula“, dass sech de Spëtznamm éierlech verdéngt huet, fir ënnert deem doten Deckmantel d'Mënschen an der EU auszespionéieren.

Experte si sech eeneg, an dat hunn all déi aner Kollegen och scho gesot, dass dës Mesure näischt bréngt. Wierklech kriminell Machenschaften fanne statt am Darknet. Kannermisshandlung fënnt statt an Zëmmeren, op Matrasen, an der Realitéit. Si gëtt net doduerch ausgeschloss, dass mer de Mënschen hiren E-Mail-Verkéier duerchsichen. An der Schwäiz huet d'Koordinationsstelle zur Bekämpfung der Internetkriminalität, KOBik, gesot, de Staat sollt sech op dësen Ozean vum Darknet konzentréieren, amplaz kleng Fësch am Google ze sichen.

Mir fäerte genausou wéi d'Kollegen alleguerten hei, dass dës Mesure just e Pretext ass, fir an déi privat Messagen eranzekommen. Dee Kampf géint Kannerpornografie, genausou wéi fréier emol géint Terrorismus a géint aner Saachen, gëtt benotzt als Trojanescht Päerd, fir no an no ëmmer méi d'Recht op privat Kommunikatioun ze liquidéieren. Dës Initiativ

bréngt näischt am Kampf géint kriminell Pedophiler. D'EU gëtt mat dësem Projet definitiv zum „Weltmaartführer vun der Masseniwwerwachung“, wéi bal 40 Biergerrechtsorganisatiounen et schonn am Mäerz an engem offene Bréif formuléiert hunn.

Och dës gouf schonn zitéiert: Dem Däitsche Kanner-schutzbund geet dës Initiativ ze wäit. De Joachim Türk vum DKSb sot, dës Pläng wieren onverhältnisméisseg an onnéideg. Net Messenger ass de Feind, deen et ze bekämpfe gëtt. D'Recht op Anonymitéit muss souwuel am éffentleche Raum wéi och am Internet sécher gestallt ginn.

Schonn 2009 hat d'Ursula von der Leyen, deemools däitsch Familljeministerin, verschidde Biergerrechtsbeweegungen mat hirem „Zugangserschwerungsgesetz“ op d'Barrikade bruecht. De Kai Biermann hat deemools op „Zeit Online“ geschriwwen: „Selbstverständlich braucht es Wege, die Verbreitung von Misshandlungsdokumenten zu verhindern [...]“. Aber es braucht doch bitte wirksame Wege, die nicht auch noch den Ruch haben, Grundrechte auszuhebeln.“

Natierlech muss de Fleau vun der Pedopornografie och konkreet bekämpft ginn duerch Grenzkontrollen, duerch eng besser Definition am Code pénal, duerch eng Bekämpfung vum Sextourismus – e ganz wichtige Punkt – an duerch Preventioun. Dat ass dat, wat mer mussen maachen géint dee Fleau. Mee dat heizen ass e Virstouss vun der EU-Kommissioun, mat deem kee vun eis heibannen – an ech si frou doriwwer – ka liewen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An d'Wuert huet elo d'Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'éischt soen ech och dem Här Clement an dem Här Mosar Merci fir dës Heur d'actualité respektiv dësen Debat, dee wierklech immens wichteg ass an och immens emotional gedroen ass. Ech mengen, do schéngt et e gewëssene Konsens heibannen ze ginn.

Jo, déi Zuel 85 Milliounen ass bei mir och hänkebliewen, genoe wéi beim Här Mosar. 85 Milliounen Fotoen a Videoen wieren also am Joer 2021 signaléiert ginn, wat Pedopornografie ugeet. Dat ass effektiv eng erschreckend Zuel. A wéi ech dës Zuel virun e puer Woche fir d'éischt an engem Podcast héieren hunn, hunn ech misse stoppen an zrëckspullen, fir se nach eng Kéier ze héieren, well ech et effektiv den éischten Ament net konnt gleewen. An de Phänomene wär weider amgaang ze wuessen, voire ze explodéieren um Internet.

Dee sougenannten Chatcontrol, deen d'EU-Kommissioun probéiert anzeféieren, berout dann op enger gudder Intentioun: d'Bekämpfung vun der Pedopornografie. Duerfir muss ee sech natierlech all d'Moyene ginn, déi zur Verfügung stinn. Mee wéi géif de Fransous soen: „L'enfer est pavé de bonnes intentions.“

**M. Roy Reding** (ADR) | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Well dee Moyen, deen d'EU-Kommissioun hei proposéiert, ass soss näischt wéi eng generaliséiert Verletzung vum Grondrecht op Privatsphär. Et geet an d'Richtung vun engem Generalverdacht.

Ëm wat geet et hei? Sollt dës europäesch Legislatioun esou duerchkommen, müssen d'Messengerdëngschter wéi déi vun de groussen sozialen Netzwierker zum Beispill d'Messagë vun de Leit duerchkämen, fir

suspekt Contenuen ze detektéieren, déi eppes kéinte mat Pedopornografie ze dinn hunn. Gëtt eppes fonnt, gëtt et un eng speziell geschaaften Agence weiderginn. D'Messengeridéngschter, déi also soss verschlëssele sinn, soudass just déi Persounen, déi matenee schreiwen, gesinn, wat geschriwwen gouf, ginn also gefiltert a riskéieren, vun anere Persounen kënne gelies ze ginn, well dat ass an der Essenz dat, wat d'Europäesch Kommissioun proposéiert. Dat ass fir eis en absoluten No-Go!

Déi Kontroll soll direkt um Handy vun de Benotzer stattfannen duerch en automatiséierte Filter. Eisen eegenen Telefon gëtt also zu engem Outil, deen eis souzesoen iwwerwaache kann. Et ass awer bekannt, dass esou Filteren och Feelerquoten hunn, och dat gouf schonn haut ernimmt. E sougenannte falsche Positiv kéint an dësem Fall ganz schlëmm Auswierkungen hunn, well Kritiker vum Projet soen, dass ganz vill falsch Positiv ze erwaarde sinn. Éischters riskéiert eng Police, déi schonn am Souseffectif hei zu Lëtzebuerg ass, nach méi Aarbecht ze kréien. An zweetens kënne Leit, déi sech näischt virzegeheien hunn, fälschlech a Verdacht geroden.

**M. Roy Reding** (ADR) | Ah oui!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Här President, et ass emol net sécher – och dat gouf scho gesot –, dass dat Scanne wierklech eppes géif bréngen, well Kritiker soen, dass déi concernéiert kriminell Leit ganz schnell op aner Outillen oder Plattformen eriwerginn, déi schwéier oder nach guer net ze iwwerwaache sinn, a virun dëser Kontroll géingen eebe flüchten.

Amplaz also d'Kanner ze schützen, riskéiert dës Propos, d'Kanner an hirer Fräiheet anzëschränken an hir Entwécklung, hir Entfaltung ze schwächen, well och d'Kanner Affer vun dësem generaliséierte Fligace wäerte ginn. Si verléieren och d'Méiglechkeet, sécher an onbekëmmert um Internet ze kommunizéieren. Wéi kann et sinn, dass mer seriö iwwer esou eppes diskutéieren? D'Kontroll duerch d'EU direkt um ee-gene Gerät, dat sinn Zoustänn bal wéi a China!

Et kann net sinn, dass den Zweck d'Mëttel justifiéiert. Esou wichteg wéi de Kampf géint d'Kannerpornografie ass, en därerf net benotzt ginn, fir eng systematesch Kontroll vun der Kommunikatioun tëscht de Leit ze organiséieren. Mee genau dat ass awer mat dëser Proposition amgaangen ze geschéien.

Als Lénk fuerdere mer d'Regierung op, sech géint dës Proposition ze wieren. Et handelt sech fir eis ëm eng gravéierend Derive, ëm e Schratt a Richtung Kontrollstaat. A mir sinn averstan mat verschiddene Virriedner hei ze soen, dass u sech de Kampf géint Pedopornografie éischter eng gesellschaftlech Fro, eng Fro vun: „Wat seet dëse Problem iwwer eis Gesellschaft och aus?“, an am Endeffekt méi eng Fro vu Preventioun ass wéi, wéi ee vun de Virriedner et gesot huet, wéi mer mat digitale Kompetenzen kënne op dës Problem awierken.

Merci fir d'Nolauschten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Ech hat hei nach eng Kéier den Här Sven Clement stoen, mee dat schéngt ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat geet, mengen ech, net, wann ech an der ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dat mengen ech och. Dat war ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dir hutt dem Här Jans haut op RTL nogelauschert, dee gemengt huet, et misst ee mech klonen. Mee esou wäit si mer nach net.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Do si souguer ech sprachlos.

(Hilarité)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ça promet, ça promet.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Sou, da si mer ganz frou, dass mer d'Madamm Justizministersch elo virun eis hunn. Madamm Justizministersch, Dir hutt d'Wuert.

### *Prise de position du Gouvernement*

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Merci, Här President. Merci och dem nach net gekloonten Här Clement an dem Här Mosar, fir dat heiten op den Agenda gesat ze hunn. Et ass e Sujet, dee mech natierlech extreem tirailléiert. D'Stéphanie Empain huet et virdu gesot, et ass wierklech eppes, wat am Mëttelpunkt vun der Aktioun vun dëser Regierung steet, de Kampf fir déi Vulnerabel. An déi Vulnerabelst ënner eis, dat sinn nun emol d'Kanner. A wat kann een engem Kand Schlëmmes undoen, wéi et sexuell ze mëssbrauchen, Fotoen dovun ze maachen, Videoen dovun ze maachen an déi och nach ze diffuséieren? Ech ka mer jiddefalls näischt méi Schrecklechchen villstellen. An et géllt, dat mat alle Moyenen, déi mer hunn, ze bekämpfen!

Mir wëssen och, dass et eng ganz héich Donkelziffer gëtt vun deenen Abusen. A mir wëssen och, dass déi digital Welt an deem heite Fall natierlech net hëlleft. Au contraire: Et spillt géint d'Kanner, et spillt géint d'Enquêteuren, well extreem vill Material och iwwert dee Wee verbreet gëtt.

Duerfir fannen ech et ëmsou méi bedauerlech, dass d'Diskussioun ronderëm déi Initiativ hei vun der Europäescher Kommissioun fir ze probéieren, sech op europäeschem Niveau nach besser ze concertéieren, sech e bessere Kader ze ginn, eigentlech guer net méi ëm dat geet, wourëms et eigentlech sollt goen, dat heescht de Kampf géint de Mëssbrauch vu Kanner an d'Material, wat do ronderëm hänkt, mee dass se sech just nach ëm eppes aneres dréint, dat awer och elementar ass, an zwar de Schutz vun eiser aller Privatsphäre.

An natierlech gëtt et och ganz vill positiv Aspekter an där Propos. An déi ginn och vergiess an där heiten Diskussioun, net elo hei, mee ech mengen, am grousser Raum dobaussen. An dat ass notament eeben dat, dass eng europäesch Agence soll constituéiert ginn, wou en Opferschutz soll ugebuede ginn, wou och europäesch Prozedure solle kënne agefouert ginn, fir géint dat heite virzegoen, well et ass nëmme vernetzt op europäeschem Niveau, wou mer kënne dergéint virgoen, well mer wëssen, dass et eeben och duerch dat Digital ganz einfach ass, iwwert d'Grenzen eraus zesummenzeschaffen.

Nawell bleift, dass déi Propos, wéi se um Dësch ass, extreem problematesch ass. Dir hutt et alleguerten ënnerstrach: Se schéisst einfach iwwert d'Zil eraus, well dat, wat hei um Dësch läit, dat kënnt eigentlech deem no, fir all Echange, deen tëschent zwou Persounen existéiert, kënne op eng gewëssen Aart a Weis ze kontrolléieren.

Mir wëssen, dass déi Verschlüsselung an den Chatten eis Enquêteure viru grouss Erausforderunge stellt. Mee do schwätze mer awer vu Fäll, wou eng Infraktioun virläit, wou e Fait existéiert a wou een op Basis vun deem Fait eng Enquête mécht. Wat hei virläit, dat ass u sech eng generaliséiert Fuerderung, fir alles ze kontrolléieren, wat diffuséiert gëtt, och ouni dass e Fait concret virläit. An dat schéisst natierlech iwwert d'Zil eraus.

Duerfir ass och d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung déi, dass mer gären hätten, dass d'Propos an deem Sënn verbessert gëtt, dass d'Prinzipien, wéi se souwuel an deene verschiddenen internationale Konventiounen stinn, wéi och vun deenen europäesche Gerichter, sief et vum Europäesche Mënscherechtsgerichtshaff oder vun der Cour de justice de l'Union européenne, festgeschriwwen goufen, awer och hei en compte geholl ginn an och respektéiert ginn.

A jo, d'Stéphanie Empain huet et notament gesot, d'Fro vun der Verhältnismëssigkeit ass natierlech eng, wou ee sech muss iwwerwinnen, fir se hei opzeuerwerfen, well wat ass verhältnismëssig, wann een doriwwer schwätzt, dass Kanner abuséiert ginn? Mee ech hunn awer gréisst Bedenken, dass et eng Verhältnismëssigkeit gëtt, wa potenziell all Echange vun all Bierger kann ouni Grond, dee virläit, gekuckt ginn. An duerfir ass dat och eppes, wou mer weider gären Developpementer a weider Aarbechten dorobber hätten.

Mir hätten och gären, dass de Service juridique vum Conseil eis ..., also net eis, en Avis zu där heiter Propos ausschafft. Et gëtt och en Avis gefrot vun der Europäescher Datschutzkommissioun. Och dat ass wichteg, dass et vun deenen Aspekter hier beliicht gëtt. Well eigentlech, esou wéi d'Propos elo hei virläit, ass jo net virgesinn, mat wéi enger Technologie dat soll gemaach ginn. Et ass jo déi faméis neutral Technologieapproch, fir och kee kleng Fournisseur ze benodeelegen, dass och deemno wéi kann eng Hëllef gebuede ginn op europäeschem Niveau, fir eebe Schlüsselen oder aner Instrumenter unzebidden, soudass et extreem schwiereng ass, iwwert d'Technologie, déi dann herno ..., déi, souwäit ech dat weess, net existéiert, mee doriwwer ze urteelen, wéi eng Technologie dat dann en fin de compte wier.

Da kënnt natierlech nach dobäi, dass, wann et dann dozou kéim, dass dee Schlüssel géif opgehuewe ginn, op eng Aart a Weis oder op eng aner, dat natierlech kann zu all deenen Abuse féieren, déi vill vun Tech virdrun opgezeechent hunn. An dat ass eppes, dat muss mer evitéieren. Well mir wëssen, dass esou Faillen, déi existéieren, natierlech net just deenen zeguttkommen, déi am Sënn vum Gudde schaffen, mee dass déi natierlech och deenen zeguttkommen, déi schlecht Intentionen hunn. Dat muss verhénnert ginn.

Et kann och net sinn, dass et mam absolutt legitime But, géint de Mëssbrauch vu Kanner virzegoen, herno géif ausgeweit ginn op ganz vill aner Infraktiounen. Och dat ass eppes, wat ee muss natierlech considéieren a wat och an deem heite Kontext Suerge mécht.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

An dann deelen ech och dat, wat och vu ville vun Iech gesot ginn ass, dass ech net dru gleewen, dass, wann dat heiten en place wier, et dann esou wier, dass weider géif iwwert déi Moyenen dat Material verbreet ginn, well mer wëssen, dass d'Kriminalitéit sech ëmmer seng Weeër sicht an et och haut schonn aner Moyene gëtt, wéi eeben iwwer Linken ze fueren, déi da jo souwisou net kéinten iwwerpréift ginn, fir sech dat selwecht Material zoukommen ze loosson, soudass och d'Zil net erreecht géif ginn, wann een dat heite géif maachen. An aus all deenen Ursaachen ass dat och de Positionnement, dee mer an de Verhandlungen op europäeschem Niveau verrieden.

Ech kann Iech awer och soen, dass et allgemeng ganz vill Skepsis gëtt bannent dem JAI-Conseil, wat déi heite Propos ubelaangt, dass extreem vill Froe gestallt ginn, dass eeben all déi Froen elo mussen eng no där anerer gekläert ginn, notament eeben déi, dass mer de Conseil erunzéien, dass mer



d'Dateschutzkommissioun erunzéien, well mer do wierklech och nach eng Kéier mengen, Munitioun ze kréien. An da sinn ech iwwerzeegt, dass mer hei en Text herno erauskréien, deen net méi deen ass, wéi en ursprénglech op den Dësch geluecht gouf.

Dat verhënnert awer eppes net: Dass mer weider mussen alles drusetzen, fir géint de Kannermissbrauch virzegoen. Natierlech leeft dat an éischter Instanz iwwert d'Sensibiliséierung. Do ass d'Carole Hartmann och am Detail dorobber agaang, wat et haut scho vu verschiddene Mesuren gëtt, wéi schon deem entgéintgewierkt gëtt. Well dat eent ass jo natierlech, dass d'Kanner Bescheed wëssen, wéini se kënnen agéieren, u wee se sech kënnen wenden. Dat anert ass, wann aner Leit op Material falen. Den Numm vu BEE SECURE ass méi wéi eng Kéier gefall. Dat ass eng Instanz, déi mer hunn, déi wichteg ass an déi et och weider géllt ze ënnerstëtzen.

Dann ass et awer esou, dass et effektiv Faite gëtt, dass déi Faite och haut schon existéieren, dass et déi am digitalen an am analogen Beräich gëtt an dass mer natierlech alles musse maachen, fir d'Enquêteuren uerdentlech ze ekipéieren, virun allem emol en terme Personal, fir do dergéint virzegoen. Ech war zejoert mam Henri Kox bei där zoustänneger Sektoun vun der Police an doropshin ass schonn déi Sektoun vum Här Kox verstärkt ginn – och dat ass scho gesot ginn – ëm dräi Persounen. Et sollen nach dräi weider Enquêteuren dëst Joer derbäikommen, also Persounen derbäikommen, fir den Enquêteuren ze hëllefen, wat och wierklech extreem, extreem wichteg ass.

An et ass och, andeems mer ëmmer erëm an deem heite Plenum an op anere Plazen doriwwer schwätzen, sensibiliséieren, erklären, wat geet, wat net geet, an erklären, wéi wichteg et ass, dass een hei keng Toleranz huet, wou mer och deen Dossier weiderbréngen. Dofir soen ech Iech e grouse Merci fir déi Diskussioun vun de Mëtten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Justizministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

### Motions

Mir kënnen eise Punkt awer net ofschléissen, ouni eis ëm d'Motiounen ze bekëmmern. Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Sven Clement deposéiert ginn ass a wou gefrot gëtt, sech zu engem digitale Bréifgeheimnis ze bekennen. Wëllt nach een zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Madamm Stéphanie Empain.

### Motion 1

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Jo, mir hunn déi Motioun analyséiert. Ech géif och elo net soen, dass se guer net akzeptabel wier, mee mir hu jo eng aner Motioun deposéiert, déi eis vum Wording hier eigentlech vill besser gefällt. An eiser Motioun schwätze mer allgemeng vun den Droits fondamentaux. Dorënner fält och definitiv d'Bréifgeheimnis. Dat heescht, op deem Punkt ass kee groussen Ënnerscheed, soen ech emol, do geet eis Motioun vläicht souguer nach en Tick méi wäit.

Wourunner ech mech de Moment e bësselche stéieren, ass déi Saach, dass mer komplett ausschléissen, an Zukunft iwwerhaupt an iergendenger Form iergend e Screening ze maachen. Esou wéi ech déi Situation och de Moment analyséieren, si mer, wa mer reng just op d'Policeaarbecht ginn ... egal wéi vill Leit mir nach do rekrutéieren an opstocken, wäert d'Policeaarbecht um Terrain ni eleng en mesure sinn, der Problematik wierklech gerecht ze ginn.

Wat elo dertëscht un technesche Méiglechkeeten nach dran ass ... an do waarden ech dann och op déi Avisen, déi d'Madamm Tanson ugeschwat huet, wat den Dateschutz ubelaangt. Ech ka ganz schlecht ofschätzen, wat et do un techneschen – ech soen emol – Tëscheléisungen iwwerhaupt gëtt. An dofir géif ech zu dësem Zäitpunkt de Wording, dee mir an eiser Motioun proposéiert hunn, bevirzugen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Empain. Dann huet den Här Roy Reding d'Wuert gefrot.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo, merci, Här President. Aus genau deenen Ursachen, déi d'Madamm Empain elo genannt huet, si mir fir d'Motioun vum Här Mosar a vum Här Clement. Déi Motioun, déi hei abruecht ginn ass vun de Majoritéitsparteien, ass Gummi. „Les droits fondamentaux“, „les droits fondamentaux“ si garantéiert duerch eis Verfassung. Mir hunn e Bréifgeheimnis, mir hunn och en digitaalt Bréifgeheimnis. An dat steet net zur Dispositioun. An e Screening vu Messagen tëscht Privatpersounen kënnt net a Fro!

Duerfir hu mir e Justizsystem, dee virgesäit, dass en Untersuchungsriichter kann eng Ordonnance huelen, kann eng Perquisitioun maachen, dass Saache kënnen saiséiert ginn. Mee et kann dach net sinn, dass de Bierger am Alldag iwwerwaacht gëtt! Dat ass einfach eppes, wat net kann zur Dispositioun stoen. An duerfir ënnerstëtze mir als ADR d'Motioun vun der CSV a vun de Piraten.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Reding. Dann huet den Här Laurent Mosar d'Wuert gefrot.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech wollt eigentlech op déi zwou Motiounen dann och agoen. Fir d'éischt natierlech déi vum Kolleeg Clement a vu mir selwer an dann déi, déi elo d'Majoritéit hei eraginn huet.

Also ech muss Iech soen, an den Här Reding huet dat eigentlech richtegerweis ënnerstrach: Déi Motioun vun der Majoritéit ass eng generell. Ech hunn iwwerhaupt kee Problem, dat ze ënnerstëtzen, wat an där Motioun do steet.

Allerdéngs fannen ech déi weesentlech Punkten – an ech hunn och elo gemengt gehat, nodeem ech all d'Riedner hei héieren hat, et géife verschidde Punkte ginn, mat deene keen hei an deem Haus kéint d'accord sinn, namlech d'digitaalt Bréifgeheimnis opzeweichen an e systematesche Screening ze maachen – awer net doranner erëm. An dat ass d'ailleurs esou oft de Fall: Hei kënnt d'Oppositioun ganz oft mat prezise Motiounen, wou se eppes Prezises freet, an da kënnt d'Majoritéit, verwässert dat a kënnt mat esou allgemenge Statemenen, déi gutt kléngen, mee déi net konkret sinn.

Ech géif Iech eppes proposéieren: Kënnen mer net einfach d'Motioun vun der Majoritéit huelen an déi zwee Dispositiounen vum Här Clement a vu mir dobäisetzen. Dann hu mer eng Motioun, déi komplett ass, an ech mengen, do kéinte mer alleguerten dermat liewen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Mosar. Dann huet den Här Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Also als Éischt emol sinn ech e bëssen erstaunt, wann d'Madamm Empain seet, dass an der Motioun vum Här Mosar a vu mir net iwwer Grondrechter geschwat

géif ginn, well den éischte Considerant schwätzt vun der Grondrechtscharta an deen zweete schwätzt vun eiser Verfassung. Also ech mengen, méi héich kënnen mer d'Grondrechter net hänken an enger Motioun. Dat als Éischt emol gesot.

Dat Zweet, mengen ech, huet den Här Mosar ganz richtig gesot. Also mat Ausnam vun engem Considerant kann ech ganz gutt domadder liewen an ech ka se matstëmmen, well et ass esou generique, dass, mengen ech, jiddweree se ka matstëmmen.

Warscheinlech géif souguer d'Europäesch Kommissioun se matstëmmen, déi déi Propos hei deposéiert huet, well d'Europäesch Kommissioun behaapt och, dass hir Dispositiounen d'Droits fondamentaux géife respektéieren, proportionell wäre par rapport zum Objectif recherché an natierlech och d'Jurisprudenz vun der Cour géife respektéieren. Well wa se dat net géife behaapten, léif Kolleeginnen a Kolleegen, da kéinte se et dach net deposéieren. D'Europäesch Kommissioun kann dach net higoen a soen: „Mir deposéieren hei en Text, wou mer wëssen, dass e géint eis Droits fondamentaux geet, dass e keng Proportionalitéit huet an dat e géint d'Jurisprudenz vun der Cour de justice geet.“

Also ganz éierlech, dat heite seet just aus, wat d'Europäesch Kommissioun souwisou gesot huet dee Moment, wéi se den Text deposéiert huet. Deementspriechend, ech kann et matstëmmen, et ass Wischiwaschi. A ganz éierlech, de leschte Considerant, deen Der maacht: „soulignant l'engagement du Grand-Duché de Luxembourg en matière de protection des données, tant au niveau national qu'international“, do liesen ech awer ganz vill Artikelen an der internationaler Press bei „Politico“, bei „Luxembourg Times“, wou deen Engagement awer ëmmer mat engem groussen Asterisk versi gëtt. Also deementspriedend, ech kann et matstëmmen, ech gleewen et just net ganz.

Dat Zweet: Wann Der dem Här Mosar a meng Motioun net wëllt stëmmen, da sot Der ganz kloer heibannen, dass Iech déi zwee Invitten, sech kloer zu engem digitale Bréifgeheimnis ze bekennen, also eppes, wat am Analogem ..., wou keen heibanne géif op d'Iddi kommen, et am Analogem a Fro ze stellen. Kee vun Iech kënnt op d'Iddi, d'Bréifgeheimnis a Fro ze stellen, mee am Digitalen, jo, vläicht dann awer, wann et géint d'CSAME geet, da maache mer et awer. Ma bekennt Iech dozou! Huel den Invite mat an Är Motioun eran! Do hunn ech kee Problem dermat.

An dann, sech géint de Screening anzusetzen: Wie mengt, dass et iergendeng technologesch Léisung géif ginn, iergendeng, déi grondrechtskonform kann Texter screenen, ouni dass d'Bréifgeheimnis violéiert géif ginn, ouni dass eis Droit-fundamentalle géife violéiert ginn, ma dee gleeft och nach un de Kleeschen! Also deementspriedend, ween dorunner gleeft, dee soll eis Motioun ofleenen, da si mer séier fäerdeg.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement. Dann huet d'Madamm Nathalie Oberweis d'Wuert gefrot.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, mir hätten ee klengen, ganz klengen Problem mat där éischter Motioun. Mee deen ass awer wierklech esou minim, dass mer se natierlech matdroen. Dat ass deen, dat hat ech dem Här Clement och gesot, wou steet: „net gänzlich aushielegen“. Mir hunn do bal draninterpretéiert, dass een d'Grondrechter zum Deel kéint aushielegen. Mee mir hunn awer verstanen, dass et net dorëms geet. An dofir droe mer natierlech déi hei Motioun ganz gäre mat.

An ech ka mech och wierklech just wonneren, wéi d'Kolleegen hei ..., iwwert déi Argumentatioun op där

anerer Sait vum Raum, wou erëm eng Kéier esou gemaach gëtt, wéi wann hir Motioun alles dat géif soen, wat an där heiter drasteet, wat absolutt net de Fall ass.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | D'Droits fondamentaux stinn natierlech och hei dran an e kloert Bekenntnis zu engem digitale Bréifgeheimnis steet an hirer Motioun esou net dran. Also ech mengen, dat ass awer e fundamentalen Ennerscheed. An do gesäit een erëm eng Kéier déi Spillercher, déi awer dann hei gespillt ginn, fir net mussen déi Motioun matzedroen.

Deemno, mir droen déi éischt Motioun mat. Mir droen d'Motioun vun der Majoritéit och mat, well se effektiv esou weénege ausseet, dass se absolutt net problematesch ass.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Et ass och iwwerhaupt keen Engagement, et ass nëmmen normal, dass d'Regierung sech engagéiert, eng Solutioun ze fannen, déi d'Droit-fundamentallen an esou weider respektéiert. Dat ass den absolutte Minimum! Dat ass iwwerhaupt net problematesch.

Ech weess emol net, wou do den Engagement ass. An d'ailleurs froen ech mech: Wann déi Solutioun, déi do soll erauskommen, „pour une solution qui améliore“ an esou weider, net sollt dobäi erauskommen aus deenen Diskussiounen, wat dann? Wat mécht d'Regierung dann? Dat géif ech och gäre wëssen. Wann déi Konditiounen, déi Tireten do net respektéiert géife ginn, géif ech gäre wëssen, wat d'Regierung deen Ament da géif maachen, wann dat doten net esou dobäi géif erauskommen bei den Diskussiounen.

Bref, mir droen déi zwou mat. Ech géif mech och freeën, wann dem Här Clement seng Proposition – oder ech weess net méi, wien et elo hei proposéiert hat ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Den Här Mosar.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | ... géif diskutéiert ginn, ob dann effektiv déi Tirete vun der éischter Motioun an déi drëtt Motioun kéinte mat agebaut ginn. Dat wär jo nach besser.

Villmools merci.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. Da geet d'Wuert zréck un d'Madamm Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Merci, Här Président. Ech mengen, et huet och kee Wäert, dass mir elo nach laang Pingpong spillen. Ech hunn Iech am Fong geholl erkläert, wat eis Bedenken dermadder sinn, eis elo esou festzeleeën, dass een iwwerhaupt ..., dass een an Zukunft, egal wat fir eng technesch Méiglechkeete géifen opkommen ... Dir sot: Et ass net dran. Déi Sécherheet hunn ech hei zu dësem Zäitpunkt net. Ech géif ganz gären ofwaarden, wat déi Analysen, déi elo mat Sécherheet nach wäerte kommen, erginn.

An ech wollt och nach eng Kéier soen: Wann Dir sot, dat ass absolutte Wischiwaschi an dat ass esou, wéi wann d'Kommissioun hei en Text deposéiert hätt, wa se ganz genau wéisst, dass se do géif géint d'Droits fondamentaux ...

(Interruption)

Jo. De Fakt ass awer, dass se genau dat de Moment gemaach huet. A wa mir d'Regierung opfuere ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat ass Är Interpretatioun an dat ass meng Interpretatioun vun Är Motioun.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Jo, voilà. Bon. Et ass meng Interpretatioun vun der Saach, dass d'Kommissioun hei vill ze vill wäit gaangen ass, dass se hei en Text virgeluecht huet, dee vill ze vill wäit gaangen ass, deen och net en ligne ass mat der europäescher Rechtssprechung, net mat den Droits fondamentaux. An et ass eise Wonsch, dass mer an den zukünftigen Diskussiounen genau déi dote Punkten uschwätzen an dass mer net einfach ecartéieren, dass mer hei e Problem ze léisen hunn, dee mer net einfach esou mat Polizeiarbecht wäerte geléist kréien.

Mir wëssen net, wat déi Diskussiounen an Zukunft bréngen. Mir mussen eis ganz staark derfir asetzen, dass déi Propos, wéi se hei um Dësch läit, net wäert duerchkommen, mee mir kënnen awer net alles ausschléissen a maachen, wéi wa mer de Problem einfach esou géife geléist kréie mat deene Moyenen, déi mer de Moment zur Verfügung hunn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Empain. Ech mengen, da kënnen mer elo iwwert d'Motioun Nummer 1 ofstëmmen.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 1 ass mat 29 Jo-Stëmmen géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Félix Eischen), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Octavie Modert (par M. Paul Galles), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fernand Etgen**, Président | Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergäifen? Da komme mer zum Vott vun der Motioun Nummer 2.

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote ...

(Brouhaha)

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Dat ass déi falsch, Här President. Et war elo déi vun der Regierung.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech hat elo d'Motioun Nummer 2, an dat ass déi, déi vum Sven

Clement deposéiert ginn ass, well dat anert ass d'Motioun Nummer 3.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Mir hunn awer elo iwwert déi dote geschwat. Mir hunn iwwert d'Motioun 1 an d'Motioun 3 geschwat.

**M. Fernand Etgen**, Président | Jo.

**M. Sven Clement** (Piraten) | D'Majoritéit huet dat net matkritt.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Iwwer wat stëmmen mer of, Här President?

**M. Fernand Etgen**, Président | Da musse mer frësch ufänke mat ofstëmmen. Da musse mer dee Vott do annulléieren.

(Le vote sur la motion 2 de M. Sven Clement est annulé.)

**Motion 3**

An da komme mer bei d'Motioun Nummer 3. Fir mech kënnst du der Motioun Nummer 1 d'Motioun Nummer 2 an dann hätte mer kënnen iwwert d'Motioun Nummer 3 ofstëmmen, fir keen Duerjerneen ze maachen.

(Brouhaha)

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Iwwer wat stëmmen mer elo of, Här President?

**M. Fernand Etgen**, Président | Ma esou, wéi Dir et gären hätt, Här Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Majo, wat hätt ech da gär?

**M. Fernand Etgen**, Président | Da stëmmen mer elo iwwert d'Motioun Nummer 3 of.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Ech sinn net sécher, ob Dir ... Et geet jo hei ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Dir gesitt net, wéi fei mir mat Iech sinn.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Ma Dir sidd ganz ... Här President, mir hunn iwwer zwou Motiounen hei geschwat, déi éischt vum Här Clement a vu mir. D'Regierung huet eng änlech gemaach, dat ass d'Motioun Nummer 3.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Mosar, kommt, mir verléiere keng Zäit!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Dat heescht, wann ech elo richteg verstinn, stëmmen mer elo iwwert d'Motioun Nummer 3 of.

**M. Fernand Etgen**, Président | Kommt, mir stëmmen elo iwwert d'Motioun Nummer 3 of.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Voilà! Ok, oui, oui.

**Vote sur la motion 3**

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Ofstëmmen fänkt un, Motioun Nummer 3. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 3 ass mat 55 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par Mme Diane Adehm), Mme Octavie Modert (par M. Paul Galles), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff*



(par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Cloener, Mmes Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : Mme Viviane Reding ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

## Motion 2

Da komme mer no der Motioun 3 zur Motioun Nummer 2. Wëllt nach een d'Wuert zur Motioun Nummer 2 ergräifen? D'Madamm Stéphanie Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Ech fänken emol un. Et si jo méi Ressourcen, déi hei betraff sinn. Ech géif dann och elo ausdrécklech just zum Volet schwätzen, deen elo d'Sécurité intérieure betrëfft. Mir sinn eis eens, dass mer do ..., also mat der Zilsetzung si mer komplett an der Rei. Et ass scho staark opgestockt ginn. Mir sinn och ganz d'accord mam Constat, dass mer weider müssen opstocken.

Ech hätt elo eng Präferenz derfir gehat, wann een hätt kënnen draschreien „weider personell opgestockt“, mee dat ass awer elo just en Detail. Et geet hei ëm d'Tatsach, dass mer einfach eng Kéier festhalen, dass mer schonn Efforten an déi Richtung gemaach hunn an dass mer déi Efforten awer sollen op alle Fall weiderféieren.

Ech wollt dann och nach eng Kéier soen, dass mer eeben dat doten och schonn an der Kommissioun thematiséiert hunn, dass et e ganz wichtege Sujet ass an deementspriedend och deen doten Tiet elo wierklech net op daf Ouere stéisst.

Voilà, fir de Rescht kann ech awer nach ëmmer proposéieren, fir e bësse méi an den Detail ze goen, dass mer dee Sujet ganz gären och nach eng Kéier kéinten zu engem spéideren Zäitpunkt, wa mer nei Daten hunn, respektiv wa mer nei Informatiounen hunn, wat déi Cellule ubelaangt, wat de Rekrutement vum Personal ubelaangt, an der Kommissioun beschwätzen. Voilà.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Empain. Den Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci, Här President. Mir haten eng Rei vun Ännerungen un der Motioun vum Här Clement proposéiert. Déi sinn och berücksichtegt ginn. Ech wollt vläicht nach suggeréieren, dass mer déi selwecht Terminologie géifen iwwerhuelen, wéi se am Considerant steet, „eng Ulafstell“ ze formuléieren amplaz „eng Websäit an eng Hotline“. Bon, dat ass eng Suggestioun. Mir kënnen och mat där anerer Formulatioun liewen, mee et wär vläicht besser, wa mer zweemol dee selwechte Begrëff hale géifen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Dann huet den Här Mosar d'Wuert gefrot.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci. Ech hunn zwar elo, muss ech éierlech soen, net ganz richteg verstane, wat d'Madamm Empain eigentlech wollt. Beim Här Di Bartolomeo war et méi kloer. Dir sidd mat där

Motioun d'accord. Mat deenen zwee klenge Changeementer kann ech perséinlech ouni Problem liewen. A wann ech dann dovun ausginn, si mer alleguer an deem Haus d'accord an da kéinte mer à main levée driwwer ofstëmmen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

## Motion 2 modifiée

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest,

– dass BEE SECURE schonn Traininge fir Grondschoulen (ab dem Cycle 2.2) a Lycéesklassen op fräiwëlleger Basis ubitt;

– dass BEE SECURE op hirer Websäit Informatiounen zu den Theemen CSAM („child sexual abuse material“), Grooming, Sextorsion ubidden;

– dass 2020 4.022 Fäll vun CSAM bei BEE SECURE gemellt goufen an dovunner 2.410 als illegal agestuut gi sinn an un d'Police weidergerecht goufen;

– dass Affer vun CSAM, Grooming oder Sextorsion sech kënnen un d'Police wenne an och deelweis kënnen direkt iwwert den E-Commissariat e Fall signaliséieren;

– dass Persounen, déi gefäerdet sinn, zum Täter ze ginn, eng Ulafstell brauchen, wou si onkomplizéiert a séier un Hëllef kommen.

Ass dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– fir d'Schoule weider an dësem Beräich ze sensibiliséieren a si bei der Ausaarbechtung vu preventive Schutzkonzepter ze begleeten;

– fir all d'Schüler ab dem Cycle 4.1 en Training mat BEE SECURE vu mindestens zwou Schoulstonne pro Schouljoer obligatoresch ze maachen;

– d'Unitéit vun der Police judiciaire, déi fir CSAM („child sexual abuse material“) zoustänneg ass, wieder personell opgestockt, hinnen déi néideg Formatiounen a Weiderbildungen unzëbbidde souwéi och dat néidegt Material zur Verfügung ze stellen;

– eng Ulafstell, wou Persounen, déi gefäerdet sinn, zum Täter ze ginn, Informatiounen a preventiv Hëllef ugebuede kréien, unzëbitten a bekannt ze maachen.

(s.) Sven Clement, Marc Goergen, Martine Hansen, Laurent Mosar, Gilles Roth.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ass d'Chamber d'accord, fir à main levée ofzestëmmen?

(Assentiment)

## Vote sur la motion 2 modifiée

Wie mat der Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domat ass d'Motioun Nummer 2 eestëmmeg ugehall.

**Une voix** | Très bien!

## 5. 7950 – Projet de loi relatif au financement de l'action SuperDrecksKëscht

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir kommen elo zum Projet de loi 7950 iwwert d'Finanzéierung vun der Aktioun SuperDrecksKëscht. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här Max Hahn, d'Madamm Cécile Hemmen, d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Fred Keup, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

## Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Dir Dammen an Härten, ech presentéieren Iech elo d'Finanzéierungsgesetz fir d'Aktioun SuperDrecksKëscht. Et geet bei dësem Gesetz ëm d'Regularisatioun vum Kontrakt vum Staat mat deem, deen den Zouschlag krut, fir d'Aktioun SuperDrecksKëscht kënnen ze maachen, nom Gesetz vum 25. Mäerz 2005 iwwert de Fonctionnement an de Financement vun der Aktioun SuperDrecksKëscht.

D'Aktioun SuperDrecksKëscht gouf am Joer 1985 vum Ëmweltministère an d'Liewe geruff, fir eng getrennt Kollekt vun de problemateschen Offäll vun den Haushalter ze assuréieren. Virdu sinn déi Offäll um Tipp oder an der Verbrennungsanlag gelant, wat schlecht fir Mënsch an Ëmwelt ass.

Haut huet d'SuperDrecksKëscht méi Missiounen am Beräich vun dem nationalen Offallplang an der -gestioun, déi an Zesummenaarbecht mam Ëmweltministère, de Gemengen, der Handwierker- an der Handelskummer gemaach ginn, dat natierlech ëmmer mat dem Zil, Offallproduktioun ze vermeiden, Kreeslafwirtschaft respektiv eng effizient Ressourcëgestioun ze maachen.

D'Objektiver vun der Aktioun SuperDrecksKëscht sinn d'Gestioun vun de problemateschen Offäll vun den Haushalter, Assistenz a Berodung fir d'Entreprises an déi ëffentlech Acteuren en vue vun enger ekologescher Gestioun vun hiren Offäll, d'Kollekt an d'Gestioun vu klengen Quantitéite vu problemateschen Offäll vun den Entreprises an ëffentlechen Acteuren.

Ënner problematesch Offäll falen zum Beispill Medikamenter, Gasfläschen, Fett, Sprëtzen, Batterien, Kartuschen, Frigoen an esou weider.

Am Joer 2021 huet d'SuperDrecksKëscht fir d'Bierger am Ganzen 3.260,6 Tonne problematesch Offäll kollektéiert, dat heescht 5,14 Kilo pro Awunner. An de leschte 15 Joer ass dës Quantitéit ëm een Drëttel an d'Luucht gaangen.

5.443 Organisme waren der SuperDrecksKëscht fir Betriber am Joer 2021 affiliéiert, wouvunner der 3.387 de Label hunn. E Label kritt de Betrib, wann en en offallwirtschaftlech Konzept och an der Praxis ëmsetzt. Hei gëtt et eng Rei Krittären, zum Beispill d'Ëmsetzung vun de Mesuren, accessibel Sammelstatiounen, eng sécher Lagerung, eng héichwäerteg Offallverwäertung an Entsuegung an esou weider.

D'SuperDrecksKëscht huet also eng wichteg Aarbecht am Kader vun der Offallgestioun hei am Land, op déi ons Bierger a Betriber alleguerten ugewise sinn an déi se och ze schätze wëssen.

Här President, Dir Dammen an Härten, et geet bei dësem Finanzéierungsgesetz ëm d'Regularisatioun vum Kontrakt vum mam Staat mat deem, deen den Zouschlag krut, fir d'Aktioun SuperDrecksKëscht kënnen ze maachen, esou wéi d'Gesetz vum 25. Mäerz 2005 iwwert de Fonctionnement an de Financement vun der Aktioun SuperDrecksKëscht et virgesäit.

Dëse Gesetzesprojet gouf deposéiert no der Publikatioun vun dem Avis juridique vun der Cellule scientifique vun der Chamber iwwert d'Interpretatioun vum Artikel 99 vun der Verfassung am Kader vun der Exekutioun vun der Aktioun SuperDrecksKëscht. An hirem Avis ass d'Cellule scientifique zur Konklusioun komm, dass d'Gesetz iwwert d'SuperDrecksKëscht vun 2005 kee Spezialfinanzéierungsgesetz ass, wat awer néideg wär, well de finanziellen Engagement vum Staat iwwer méi wéi ee Joer leeft respektiv méi wéi 40 Milliounen ass.

Mat dësem Gesetz, dat e Plaffong vun 112 Milliounen Euro hors TVA fir d'Period vum 1. Januar 2018 bis den 31. Dezember 2028 virgesäit, soll de Kontrakt also regulariséiert ginn. Par rapport zum Engagement vum 2018 goufe 15 % méi virgesinn, fir der ekonomescher an der demografescher Entwécklung an aneren Imprevue Rechnung ze droen. Et handelt sech, wéi gesot, ëm e Plaffong an et gëtt bezuelt, wat ufält. Op d'Joer gerechent schwätze mer vun eppes iwwer 10 Milliounen Euro fir d'Gestioun vun de problemateschen Offäll vun onse Bierger a Betriber.

Ech komme kuerz zréck op d'Gesetz vum 25. Mäerz 2005 iwwert de Fonctionnement an de Finanzement vun der Aktioun SuperDrecksKëscht.

D'Aktioun SuperDrecksKëscht gouf am Joer 1985 vum Ëmweltministère an d'Liewe geruff. Am Joer 2000 wollten d'Chambre des comptes an d'Cour des comptes d'Facturë fir d'Aktioun SuperDrecksKëscht net méi bezuelen, dat well de Finanzement net konform war zur Legislatioun iwwert d'Kontabilitéit vum Staat, an hunn e Spezialgesetz gefuerdert.

De Regieringsrot huet doropshin e Comité d'accompagnement an d'Liewe geruff mat Vertrieder vum Ministère de l'Intérieur, der Inspection générale des finances an der Ëmweltverwaltung, déi e gesetzleche Kader proposéiert hunn, eebe grad fir d'Fro vum Finanzement ze klären.

Op Basis vun der Propos vun dësem Komitee huet d'Regierung dräi Joer méi spéit, 2003, e Gesetz deposéiert, fir d'Aktioun SuperDrecksKëscht ze assuréieren an ze finanzéieren. Dat Gesetz ass de 25. Mäerz 2005 hei am Haus ugeholl ginn an d'Basis fir d'Kontrakter vum Staat mat der Firma O.S.L. (ndlr: Oeko-Service Luxembourg) fir d'Perioden 2007 bis 2017 an 2018 bis 2028.

Ech kommen da bei den Avis juridique iwwert d'Interpretatioun vum Artikel 99 vun der Verfassung am Kontext vun der Exekutioun vun der Aktioun SuperDrecksKëscht.

An der Sitzung vum 27. September 2021 vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire vun der Chamber gouf d'Fro vun der Konformitéit vun der Finanzéierung vun der Aktioun SuperDrecksKëscht mam Artikel 99 vun der Verfassung opgeworf, dat heescht, ob en zousätzlecht Finanzéierungsgesetz néideg wär oder net.

Doropshin huet d'Kommissioun der Cellule scientifique den Optrag ginn, en Avis juridique iwwert d'Interpretatioun vum Artikel 99 vun der Verfassung am Kader vun der Exekutioun vun der Aktioun SuperDrecksKëscht ze maachen. Et gongt drëm, zwou Froen ze klären: Éischtens, ob eng Loi spéciale néideg wär, fir d'Aktioun SuperDrecksKëscht ze finanzéieren, an zweetens, ob d'Gesetz iwwert d'SuperDrecksKëscht vun 2005 eng Loi spéciale ass.

Den Avis juridique koom zur Konklusioun, dass éischtens eng Loi spéciale néideg ass, fir d'SuperDrecksKëscht ze finanzéieren, an zweetens, dass d'SuperDrecksKëscht-Gesetz vum 2005 kee Spezialgesetz ass, well kee prezise Montant dra steet. Wéi scho gesot, ass dem Avis juridique no e Spezialfinanzéierungsgesetz ëmmer dann néideg, wann e Kontrakt iwwer méi wéi ee Joer respektiv iwwer 40 Milliounen ass.

D'Cellule scientifique vun der Chamber proposéiert, de Kontrakt nodréiglech iwwer e Spezialgesetz ze regulariséieren, wat mir mat dësem Gesetz maachen.

D'Chamber huet och schonn eemol e Kontrakt, dee schonn ënnerschriwwen war, regulariséiert, dat duerch d'Stëmme vun enger Loi spéciale ex post. Dat war de Fall beim Gesetz vum 25. November 2014

iwwert d'Max-Planck-Institut fir europäesch Recht. Och hei gouf kee Spezialgesetz gestëmmt virun der Signature vum Kontrakt. Dëse Kontrakt fir bis zu 12 Milliounen Euro d'Joer iwwer 30 Joer, also 360 Milliounen insgesamt, gouf hei am Haus nodréiglech regulariséiert.

Dësen Avis juridique gouf den 10. an de 17. Januar 2021 an der Comexbu an enger Jointe mat dem Ennvironnement presentéiert an och diskutéiert. De Gesetzesprojet 7950, deen ech hei presentéieren, gouf doropshin den 18. Januar vun der deemoleger Ëmweltministesch deposéiert.

Och de Staatsrot ass a sengem Avis vum 10. Mee mat der gewielter Demarche averstanen. Si hunn awer fonnt, dass fir d'Joer 2018 bis 2021 déi prezis Depensen hätte solle mentionéiert ginn. An der Kommissioun huet de Ministère eis och d'Montante vun de Bezuelungen, déi se all Joer ënnert dësem Kontrakt duerchgefëiert hunn, presentéiert.

D'Handels- an d'Handwierkerkummer ënnersträichen an hirem gemeinsamen Avis vum 9. Februar d'Wichtigkeet vun der Aktioun SuperDrecksKëscht fir d'Ëmsetzung vum nationalen Offallplang an dem nationalen Nohaltegeektsplang a si soen och, dass e gudde Fonctionnement vun der Aktioun muss garantéiert sinn.

Här President, Dir Dammen an Hären, dëst Joer an d'lescht Joer huet d'Chamber intensiv um Thema SuperDrecksKëscht geschafft, dat a sechs ganzer Sitzungen. An et ass net just ëm de Volet Finanzéierung gaangen, déi mat dësem Gesetz gereegelt gëtt, mee och ëm d'Fro vum Fonctionnement vun der SuperDrecksKëscht. Opgrond vun Artikelen an der Press hunn d'Deputéiert eng Partie Froen opgeworf an déi fräier Ëmweltministesch huet en Audit an Optrag gi par rapport zur Konformitéit zum legale Kader, der Finanzstruktur an der Exekutioun vun der SuperDrecksKëscht.

D'Resultater vum Audit goufen am September zejoert presentéiert. D'Hauptkonklusiounen waren, dass d'Soumissioun vun 2017 konform zum legale Kader gelaf ass, de Kontrakt éischter en faveur vum Staat ass, d'Facturatioun d'Prinzipien, déi am Kontrakt opgestallt gi sinn, respektéiert an de Rekrutementsprozess vun der Firma O.S.L. normal fir eng PME vun dëser Gréisst ass.

D'Auditeuren hunn awer Recommandatiounen fir verschidde Verbesserungen gemaach. Déi Verbesserungen si schonn ëmgesat respektiv d'Ëmsetzung sinn en cours:

D'Facturatioun gëtt digitaliséiert. Et ginn eng Partie Kontrakter iwwerkuckt, fir d'Sécurité juridique ze verbessern. D'Markerechter goufen alleguerten dem Staat iwwerschräwwen. De Suivi vun der Aktioun SuperDrecksKëscht gouf ausgeweit an och op méi Leit verdeelt. De Fonctionnement vum Comité de pilotage gëtt verbessert. Dat gëtt zesumme mat der Handels- an der Handwierkerkummer gekuckt, déi jo och an dësem Gremium dra sinn. Et geet och ëm de Rôle vun dem Comité de pilotage an och de Lien zum Comité d'accompagnement. Ma och aner Sujeten, notament d'Innovatiounsprojeten, zu deenen den Audit och eng Rei Remarken hat, sinn an dës Aarbechte mat agefloss. Da gouf de Comité d'accompagnement reaktivéiert an nei besat, deen och de Suivi vun der Aktioun SuperDrecksKëscht wäert maachen.

Den Ëmweltministère stoung eis, wéi gesot, a ville Kommissiounen ëmmer Ried an Äntwert. De 17. Januar gouf an der Jointe vun der Ëmweltkommissioun mat der Commission d'exécution budgétaire usäite vun der Comexbu cloturéiert, dass all d'Froer par rapport zum Audit gekläert wäeren an de Gesetzesprojet an der Ëmweltkommissioun géif traitéiert ginn.

Nodeems mir d'Avisen haten, goufen d'Texte dunn an der Ëmweltkommissioun den 1. Juni duerchgeholl an d'Ëmweltministesch huet zu alle Froe Stellung geholl. Mäi Rapport gouf den 10. Juni ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Hären, mat dësem Projet de loi regulariséiere mir d'Finanzéierung vum Kontrakt vun der SuperDrecksKëscht fir d'Period vum 2018 bis 2028, dat nom Avis juridique vun der Cellule scientifique vun der Chamber, déi d'Konklusioun gezunn huet, dass d'SuperDrecksKëscht-Gesetz vum 2005 keng Loi spéciale ass, wéi se vun der Verfassung gefrot gëtt. Mir suivéieren d'Approche, déi vun der Cellule scientifique proposéiert gouf, déi och scho bei der Regulariséierung vum Max-Planck-Institut 2014 applizéiert gouf an och vum Staatsrot approuvéiert gouf.

Domadder garantéiere mir d'Kontinuitéit vun dëser wichtiger Aktioun, mat där d'Gestioun vu problemateschen a geféierlechen Offäll geréiert gëtt an domadder de Bierger a Biergerinnen, de Betriber an natierlech och der Ëmwelt e wichtige Service liwwert.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Rapporteur François Benoy.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Gilles Roth (CSV)** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Minister: „Mehr Transparenz macht Politik nachvollziehbar und ermutigt Bürgerinnen und Bürger, sich einzubringen.“

Dat ass en Auszuch aus dem Walprogramm vun déi gréng vun 2018.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Mir kënnen als CSV selbstverständlich mat dëser Fuerderung vu méi Transparenz liewen an där och nëmmen zustëmmen, Madamm Minister. Blouss, dësen Dossier ass fir eis e Paradebeispiel vun Intransparenz an dovun, wéi een eigentlech Biergerinnen a Bierger an d'Politikverdrossenheet dreift.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | D'Chamber soll haut iwwer e Gesetzesprojet ofstëmmen, fir e Kontrakt tëschent dem Staat an der Firma O.S.L., dat ass Oeko-Service Lëtzebuerg, deen d'SuperDrecksKëscht bedreift, ze regulariséieren. Ech soen och dem François Benoy, dem President vun der Ëmweltkommissioun, Merci fir säi schrëftlechen a mëndlechen Bericht, deen technesch war, mee ech mengen, hei geet et awer wäit iwwert déi reng finanz- a budgetpoliteschen Technik eraus. Well wéi huet net eng grouss Lëtzeburger Tageszeitung – d'„Lëtzeburger Wort“, fir et net ze nennen – an der Zäit geschriwwen: Dës Affär, déi „stinkt zum Himmel“.

De Käschtepunkt fir dat Ganzt ass 112 Milliounen Euro an d'Lescht vun den Ongereimtheeten, Dir Dammen an Dir Hären, ass dach hei awer endlos!

Zur Form: Fir d'éischt sollt et emol guer net zu engem Gesetz kommen. Den Ëmweltministère schléisst 2017 e Kontrakt mat enger Firma of, der O.S.L., fir d'Gestioun vun der SuperDrecksKëscht. De Käschtepunkt deemools war estiméiert op 97 Milliounen Euro. Wéi gesot, e Kontrakt ouni jedwellegt Gesetz. Dat ass e Verstouss – an ech ënnersträichen dat – géint den Artikel 99 vun der Verfassung, dee ganz kloer seet, dass, wann de Staat e finanziellt Engagement vu méi wéi 40 Milliounen Euro unhëlt, et derfir am Virfeld eng Autorisatioun vun der Chamber, dat heescht vun deene gewielte Volleksvertreder, brauch.



Dat ass eigentlech och nëmmen normal, dass wann de Staat, d'Regierung esou e grouss finanziell Engagement unhëlt, da muss e sech am Virfeld duerch e Spezialgesetz d'Autorisatioun vun deene gewielte Volleksvertreder, also vun enger Majoritéit hei aus der Chamber, ginn, an da geet et net einfach duer, fir dorop ze verweisen: „Ma et sti jo genuch Suen an dem Budget.“

An d'CSV hat – den Här Benoy huet et ënnerstrach – déi deemoleg Ëmweltministesch am September 2021 och kloer dodrobber higewisen, an ech muss soen: Ech hu bedauert, dass deemools och schonns an enger éischter Zäit gemauert ginn ass. Et ass fir d'éischt gesot ginn: „Ma de Service juridique vun dem Ëmweltministère seet einfach, et bräicht een derfir kee Gesetz.“ An dach ass den Artikel 99 vun eiser Verfassung, mengen ech, an engem normale Franséisch licht verständlech an en ass och esou an der Vergaangenheet ... Den Här Benoy huet ee Projet invoquéiert, dat ass d'Max-Planck-Institut, mee et gouf och scho virdrun een, dat war de sougenannte RENITA. Dat ass de Meldesystem, dee fir Pompjeeën, Police a Protection civile agesat gëtt a wou de Staatsrot seinerzeit ganz kloer gesot huet: „Fir en Engagement, wat iwwer méi Jore geet a wat – och am Fall vun dem System RENITA – wäit iwwer 40 Milliounen geet, ass ganz einfach e Gesetz néideg.“

Du war ee sech awer an der Chamber och bewusst, dass een dat misst préiwe loossen. Den 10. Januar dëst Joer koum et dunn zu engem Avis juridique vun der Cellule scientifique vun der Chamber, déi och parallel en Affektot mat där Saach betraut huet. Souwuel den interne Service juridique vun der Chamber wéi och den Affektot, deen extern beoptraagt gi war, koume ganz kloer zur Konklusioun: Et brauch een e Gesetz. An den Affektot, de Maître Alain Steichen, ass souguer méi wäit gaangen an huet gesot: „Well et am Virfeld keng Autorisatioun vun dem Gesetzesgeber, also vun der Chamber, gouf, ass dee Kontrakt, deen ofgeschloss gouf, null und nichtig.“ Dee geet also nach eng Etapp méi wäit.

Dunn, Dir Dammen an Dir Hären, kënn eigentlech en éischten Hummer. D'Decisioun ass geholl ginn no enger roueger Debatt, engem rouegen Échange de vues an der Commission de l'exécution budgétaire bei der Madamm Adehm, déi si presidéiert huet, an du ass gesot ginn: „Mir halen dësen Avis juridique confidentiel, fir“, an dat hu mer richteg fonnt, „dass d'Ëmweltministesch sech ka preparéieren an an engem Contradictoire dodrobber äntweren.“

Deen Dag duerno, den 11. Januar 2022 – dat kënn Der op dem Internetsite vun rtl.lu nolauschten – plättelt dann, et ass net anescht ze soen, de Kopresident vun déi gréng, deen net Member an der Chamber ass, Detailler aus dem soi-disant „confidentiellen“ Avis op RTL um 10 op 8 aus. Dat heescht, deen Dag virdrun hëlt déi ganz Commission de l'exécution budgétaire d'Decisioun, dass deen Avis confidentiel ass, a keen anere wéi en Netmember vun dëser Chamber plättelt hei ganz einfach Detailler um 10 op 8 aus!

**Une voix** | Dat kann dach net sinn!

**Une autre voix** | E Skandal!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Et ass, wéi d'Madamm Adehm et deemools gesot huet: „Dat ass d'Deputéierte fir Idiote gehalen!“

Den 18.1., Dir Dammen an Dir Hären, kënn den zweeten Hummer. Dunn deposéiert d'Ëmweltministesch de Projet de loi. Obschonns se op dëser Plaz op Mësstänn bei der SuperDrecksKëscht an hire Gebaren opmierksam gemaach gouf, also an der Chamber carrement interpelléiert gouf, huet si bei dem Dépôt kee Pipcheswuert gesot. Si huet kee Pipcheswuert

doriwwer verluer, dass et sech beim Projet de loi, deen also gefrot a gefuerdert gi war vun der Chamber, net soll ëm e Montant vu 97 Milliounen handelen, mee do waren et der op eemol schon 112. Kee Wuert heibannen an der Chamber, obwuel et relativ hefteg Diskussiounen dozou gouf. Do kann ech just soen: Esou vill zur vill versprachener Transparenz, déi jo de Bierger sollt Vertrauen an d'Politik ginn!

Dir Dammen an Dir Hären, den zweete Punkt zum Inhalt: Mat dësem Gesetz soll elo versicht ginn, no-dréiglech d'Autorisatioun vun der Chamber ze kréien, dass de Staat sech ka mat 112 Milliounen Euro un der Aktioun SuperDrecksKëscht bedeelegen. An dat ass de facto e Blankoscheck fir e Kontrakt, wou eng Firma – eng Firma! – souwuel Berodung, wéi och Transport, Gestiou a Schulung a Saachen Dreck kritt.

An dat soen ech ganz kloer, Madamm Ministesch, Dir Dammen an Dir Hären: Dat maache mir als CSV net mat!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Dat geet einfach net!

**Une voix** | Très beau!

(Hilarité)

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn Iech och ... Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ...

(Coups de cloche de la présidence)

Här Serge Wilmes, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Wilmes huet d'Fraktioun gewiesselt, hie schwätzt fir déi Lénk.

(Hilarité)

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President, den Här Wilmes a vill anerer an der CSV ginn an Zukunft nach déck gebraucht!

2016 gouf et e Versuch vum Ëmweltministère, e Kontrakt mat bal 100 Milliounen Valeur ouni Ausschreibung – ech betounen: ouni Ausschreibung! – fir d'éischt der Firma O.S.L. zouzeschousteren. 100 Milliounen, ouni Ausschreibung!

Dat musst Der Iech emol virstellen: E Ministère wëllt fir 100 Milliounen ouni Gesetz e Kontrakt ginn, ouni Ausschreibung, an déi staatlech Soumissiounskommissioun seet dozou: „Njet.“ Mee dat ass awer kee Problem. Do geschitt eng Ausschreibung am Mee 2017. Wësst Der, wivill Zäit d'Leit haten, fir Kandidaturen eranzerechen? Genau ee Mount, fir e Kontrakt vu 97 Milliounen Euro, also bal 100 Milliounen Euro. Dat ass bal de Präis vun engem fréiere Lycée. Einfach ee Mount Zäit, fir Soumissiounen ofzeginn.

A wat ass erauskomm? Wéineg iwwerraschend: eng Kandidatur. Wie mengt Der, dass et war? Ma d'Firma O.S.L., Oeko-Service Lëtzebuerg.

Firwat d'Berodung a Saachen Dreck, Schulung an Transport zesumme musse sinn, entzitt sech menger Kenntnis. Mee amplaz dat getrennt auszeschreiwen, mécht een – wéi een dat esou gutt vermëcht – dann e globale Marché, eng sougenannt Entreprise générale am Sënn vum Marchésengesetz. An do ginn och ganz kloer d'Gesetzter gebéit.

Säit 2005 – an de François Benoy huet drop higewisen – gëtt et effektiv d'Gesetz vun der SuperDrecksKëscht. Do steet ganz kloer dran: „Les candidats à retenir“, fir d'Gestioun vun dem Projet SuperDrecksKëscht, wat jo e gudder Projet ass, dat bestreift hei keen, „ne doivent pas être collecteur et/ou transporteur de déchets ou avoir des participations dans une société qui a comme objet la collecte et/ou le

transport de déchets“. Dat steet formell am Gesetz vun 2005, also eng gesetzlech Pflicht.

Wat mécht een? Komescherweis kritt d'Firma O.S.L., also Oeko-Service Lëtzebuerg, den Optrag. O.S.L. huet awer d'Fangeren an enger Rëtsch vu Gesellschaften. Ech wäert herno nach drop zrëckkommen an ech kéint mer virstellen de Kolleg Marc Goergen och. O.S.L. huet als Grupp d'Fangeren an enger ganzer Rei vun Ënnergesellschaften, déi Verträge iwwer O.S.L. zougestane kréien, an déi – o, kuck! – selwer iwwer eng Autorisatioun fir d'Kollekt an den Transport vum Offall zu Lëtzebuerg verfügen.

Dat heescht am Kloertext: Mir hunn e Gesetz vun 2005. Eng Firma kritt awer, trotzdeem dass et dat Gesetz gëtt, e Gesamtoptrag fir bal 100 Milliounen Euro deemools. Et steet am Gesetz dran, dass ee keen Transport däerf maachen an nawell gëtt dat contournéiert, andeem ee Participatiounen an enger Ënnergesellschaft huet, déi grad eng Autorisatioun huet, fir den Transport ze maachen.

Elo géift Der soen: „Ma da kann een dat jo nopréiwen.“ Mee eng Asiicht, Dir Dammen an Dir Hären heibannen an och doriwwer eras, an d'Firmegeflecht vun der Firma Oeko-Service Lëtzebuerg, déi gëtt et net an déi war an ass bis haut net vun dem Ëmweltministère erwünscht!

Wéi dat Firmengeflecht – well et ass net aneschtens ze nennen – an all senger Komplexitéit – an ech mengen, dofir muss een och eng gewëssen Ingeniositéit hunn – ausgesäit, weisen ech Iech hei emol. Esou.

(M. Gilles Roth montre une documentation.)

Do gesitt Der, wivill Ënnergesellschaften do sinn. A wann een dann uewe kuckt, da steet do „Reste du monde“, also alles aneres ass emol guer net virgesinn. Jo, esou gi mir mat Lëtzebuurger Steiersuen ëm!

En Audit ass gemaach ginn op Base vun enger Demande vun der deemoleger Ëmweltministesch, mee dat war kee Audit no normaler Form. Dat war en Audit, deen hat e limitéierten Optrag, e limitéierte Champ d'action an e limitéierte Champ d'application. An deen Audit – dat steet och ganz dran – ass net gemaach ginn no den „normes internationales“, wéi en Audit muss gemaach ginn. Ech ënnerstelle kengem, dass ech soen: „Dat ass e bestallten Optrag!“ En ass an Optrag gi ginn. All aner Konsequenzen, déi liest Der selwer dran.

Do steet awer kloer dran, den Auditeur: „Nous tenons à préciser que la structure financière de la société O.S.L. et les flux financiers entre sociétés appartenant à M. Hans-Peter Walter“, an ech schwätzen hei ënnert der Immunité parlementaire, „n'ont pas été analysés, car cela dépasse le cadre de l'audit de l'action SDK, tel que fixé contractuellement entre l'État et la société O.S.L.“

Dat heescht, den Auditeur seet selwer: „Ech kann dat doten guer net kucken, well de Staat huet mir guer net den Optrag ginn, fir dat do ze kucken.“ Am Kloertext: Den Ëmweltministère verbitt sech eigentlech selwer a virun allem der grousser Effentlechkeet, der Allgemengheet, Asiicht an Transparenz, an dat bei engem Marché vun 100 Milliounen Euro u Steiersuen!

Drette Punkt: Goufen d'Soustraitanten devoiléiert? Natierlech net, am flagrante Widdersproch zu dem Gesetz! Den Artikel 24 vun engem Règlement grand-ducal vun 2018, deen d'Marchésengesetz soll ausféieren, seet Folgendes: „Lors de la remise de son offre, l'entrepreneur général“, an dësem Fall d'Firma O.S.L., „doit, sous peine d'irrecevabilité de celle-ci, joindre à son offre une liste des sous-traitants auxquels il prendra recours pour la réalisation de l'ouvrage ainsi que le(s) pré-contrat(s) de sous-traitance que

l'entrepreneur aura obligatoirement conclus avec les entreprises concernées."

Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass eigentlech näischt aneres wéi e generelle Prinzip, deen – et sëtze jo vill Gemengepolitiker, Buergermeeschteren, Schäffen an anerer heibannen – eigentlech un der Dagesuerdung ass. Ech verstinn och, dass eng Entreprise générale e Gebai realiséiert, eng Schoul, en anert technesch Gebai, wat mécht een? Da freet een oft, fir dass et méi séier geet, e Gros oeuvre fermé. Dat ass en Dokument, oft esou déck, dat wësst Der. D'Etüdebüroe preparéieren dat. Si kontrolléieren dat. Mee do ass awer ganz kloer, dass, wann ech Soustraitanten ... Ech verstinn och, dass eng Entreprise net den Daach, d'Fënsteren an – ech weess net, Gott – d'Chappe sollt maachen. Da sinn eng Rei vu Soustraitanten, déi dann deem, deen en fait d'Offer ofgëtt, hir Konditiounen ginn.

Déi Kontrakte leie bäi, an och d'Nimm vun de Soustraitantë si bekannt. Firwat? Mee fir dass ka gepréift ginn, ob déi Soustraitanten, grad wéi den Entrepreneur général, ënner anerem konform si mat der Gesetzgebung a virun allem – dat, wat ee jo och ëmmer kuckt –, ob se mat de Steieren, Enregistrement a Sécurité sociale an der Rei sinn. Abee, hei näischt dovunner!

D'Firma O.S.L. hätt also elo misse Verträge virleeën, déi si mat Soustraitanten ofgeschloss huet, an dat sinn – an dat ass jo dat, wat kokass ass – meeschtens nach Firmae vun dem eegene Grupp, déi ech Iech gewisen hunn. Dat heescht, d'Firma O.S.L. kritt e Generaloptrag vum Staat, 100 Milliounen Steiersuen, a soustraitéiert dann eenzel Opträge, déi hir an dem Generalunternehmen zougestane ginn, un Entreprises vum hirem Grupp, wou se dann allkéiers eng Participatioun huet.

Wou ass dann do d'Transparenz dran? Dat geet emol net bei de Steieren, Dir Dammen an Dir Hären, well do musst Der beweisen, dass Der e gewëssenen Niveau hutt an dass Der net Konditiounen schafft, déi eigentlech en défaveur si vum Soustraitant an en faveur vun der Entreprise générale. Virverträge, Dir Dammen an Dir Hären, mengen ech, huet keen – zumindest op dëser Säit – an dëser Affär jee gesinn. Bis haut si se net deposéiert. Mee mir stinn an a plädéiere fir Transparenz!

Véierte Punkt, Dir Dammen an Dir Hären: mangelhaft Facturatioun a Kontroll vun de Finanzstréim.

a) De Facturatiounssystem bei esou engem groussen Unternehmen, 100 Milliounen Euro, wéi ass deen? Manuell!

b) Reegelméisseg trieden Iertemer op.

c) D'Kontroll vun de Facturë geschitt duerch wien? Duerch d'Ëmweltverwaltung, meeschtens duerch e kleng Krees vu Beamten an ënner anerem duerch de fréieren Direkter vun der Ëmweltverwaltung.

An d), dat ass eigentlech dat Kokass: De Chef vun deem Ganzen, den Här Hans-Peter Walter, deelt esouguer Iwwerstonnen eenzel, manuell op eenzel Posten am Budget op. A wësst Der, wéi dat da geet? Da geet et esou, wéi ech Iech dat elo hei weisen. Voilà!

(M. Gilles Roth montre une autre documentation.)

Hei ass e System vun enger Facture vun zwou Stéck. Déi lénks, et ass kleng geschriwwen: ronn 750 Milliounen Euro. Dat do. 750 Milliounen Euro, 30 Milliounen där aler Lëtzebuerger Frang.

Riets: 487 Milliounen Euro.

**Plusieurs voix** | 750.000 Euro.

**M. Gilles Roth** (CSV) | 750.000 Euro. Wat geschitt? Hei gëtt manuell redresséiert.

Et si jo vill Kommunalpolitiker heibannen. Wann Dir e Mandat als Schäffen oder Buergermeeschter géif ënnerschreien an do wieren esou manuell Redressementer, wat mengt Der, wat domadder géif geschéien? Also de Service du contrôle financier vum Intérieur géif e Rapport schreien – also wann et scho bei engem CSV-Buergermeeschter wier, dann hätte se vläicht nach méi Spaass drun –, dee wier meterlaang, dee wier meterlaang!

A wat geet hei? 100 Milliounen Euro, kee Problem. An da kënnt d'Justizministesch, déi zielt eis reegelméisseg an der Justizkommissioun iwwer GAFI, iwwer GRECO. Ma wat ass dat hei dann? Also mir maache GAFI a GRECO, an hei geet et ganz einfach mat manuelle Redressementer fir Präisser an där Envergure, wéi ech se elo gesot hunn.

Fënneftens, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, erlaabt Der, datt den Här Kersch eng Fro stellt?

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech probéieren, Iech wierklech nozelauschteren. Ech géif Iech awer bieden, déi Staatsbeamten, déi mat dëser Affär awer wierklech iwwerhaapt näischt ze dinn hunn, nämlech déi vum Contrôle aus dem Ministère de l'Intérieur, hei net fir Saachen ze beschëllegen, déi se mat Sécherheet net gemaach hunn. Déi kucke keng Dossiere parteilech, mee déi kucken Dossieren a soss näischt.

**Une voix** | Jo, très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ech hunn dat net gesot. A wa se d'Dossiere kucken, ...

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Dir hutt gesot, d'CSV-Buergermeeschteren ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... da wësst Der och, Här Kersch, Dir waart selwer Inneminister an dir waart Buergermeeschter, dass ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Eeben.

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... esou eppes, wéi ech Iech hei gewisen hunn, am Intérieur mat Recht net géif duerchgoen. Et ass dat, wat ech wollt soen.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | E kuckt awer all Buergermeeschter d'selwecht, net nëmmen d'CSV-Buergermeeschteren!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ok, gutt.

Fënneftens, zur Mark SuperDrecksKëscht: De Staat mécht e Kontrakt mat der Firma O.S.L. Dës enregistréiert dann – dat ass jo och e Skandal! – d'Mark SDK op hiren Numm. Si stellt Franchisen aus op Partnergesellschaften, zum Deel am Ausland, vun deenen den Här Hans-Peter Walter och nach Aktionär ass. A wat geschitt? O.S.L. kasséiert derfir och nach Redevancen.

Sechstens: d'Astellung vum Fils vun dem Direkter vun der Ëmweltverwaltung, an dat ass eigentlech mat dee gréisste Skandal an deem ganzen Dossier! Éischstens, de Fils vun dem Direkter vun der Ëmweltverwaltung gëtt Chef vun der Akademie. Also ech hunn en Dossier SuperDrecksKëscht, wou ech Berodung maachen, wou ech Transport maachen an da maachen ech och nach eng eegen Akademie, „académie des déchets“ – sorry, mir kënnen iwwer alles Akademië maachen –, an da gëtt dee Poste geschafen. Dee Poste gouf ni publizéiert, dee gouf ni publizéiert!

Dat heescht, 100 Milliounen ginn an e Betrib gestach, wou eng Akademie mat dran ass; de Fils vum Direkter, deen dee Marché mat vergëtt, gëtt agestellt; de Poste gëtt ni publizéiert an e gëtt indirekt oder direkt mat effentleche Gelder mat bezuelt.

Eng Beschriewung vum Profil vun deem Posten gëtt et net, steet an dem Rapport d'audit interne. An

de Chef vun dem O.S.L. ass dann och nach parallel de Pätter vun der Duechter vun dem Chef vun der Ëmweltverwaltung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Artikel 13 vun dem Gesetz iwwert d'Marchés publics, dee seet ganz kloer: „Les pouvoirs adjudicateurs prennent les mesures appropriées permettant de prévenir, de détecter et de corriger de manière efficace des conflits d'intérêts survenant lors des procédures de passation de marché [public].“

An da kënnt (2), dat ass ofgeleet vun enger europäescher Direktiv, den Här Goergen wäert herno nach drop agoen: „La notion de conflit d'intérêts vise au moins toute situation dans laquelle des membres du personnel du pouvoir adjudicateur ou d'un prestataire de services de passation de marché agissant au nom du pouvoir adjudicateur“, an dësem Fall de Staat, „qui participent au déroulement de la procédure ou sont susceptibles d'en influencer l'issue ont, directement ou indirectement, un intérêt financier, économique ou un autre intérêt personnel“.

Bon, ech soen elo net méi. Dat hei ass u sech eng Präzisioun vum Marchésgesetz vum Artikel 245 aus dem Code pénal, nämlech deen iwwert d'Prise illégale d'intérêt.

An ech si perséinlech der Meenung – an ech soen et op der Chambertribün „sous réserve de mon immunité parlementaire“ –, dass ee sech d'Fro muss stellen, ob déi Faiten do net stroferechtlech relevant sinn. Dëst ass elo an enger effentlecher Sitzung gesot an d'Autoritéiten, déi zoustänneg si fir d'Applikatioun vum Gesetz, kënnen dann déi Schlëss erauszéien, déi se mengen, missten oder net missten erauszéien.

Duerfir als Konklusioon: D'CSV verlaangt eng lückenlos Opklärung vun all deene Verfeelungen. Et muss fir eis fir d'Zukunft zu enger Neiausschreiwung vum Marché kommen. Dat heescht, fir d'Zukunft ... de Passé, deen ass nun eemol wéi en ass, mee ech mengen, fir d'Zukunft kann een opgrond vun deem hei legitimement net einfach soen: „Ma wa mir dat Gesetz gestëmmt hunn, da geet dat Ganz einfach esou virun.“ An ech wëll och an deem Kontext eng Motioun deposéieren, déi kloer freet, dass eng Soumission publique vun deem ganze Kontrakt sollt geschéie fir déi Reschtzäit, déi en elo nach leeft, dat heescht, dass dat Ganz nei ausgeschriwwen gëtt. Bis elo ass jo de Passé souwisou bezuelt.

### Motion 1

« Passation d'un nouveau marché public en rapport avec l'action SuperDrecksKëscht »

La Chambre des Députés,

– considérant les nombreuses irrégularités ayant entouré l'attribution du marché d'exécution de l'action SuperDrecksKëscht (SDK) à la société Oeko-Service Luxembourg S.A. ;

– considérant notamment l'absence de loi spéciale de financement de l'action SDK ;

– considérant que d'après l'interprétation d'un avocat spécialisé en matière de finances publiques, il convient d'adopter une loi spéciale et de conclure un nouveau contrat relatif à l'exécution de l'action SuperDrecksKëscht,

invite le Gouvernement

à lancer

– un nouvel appel d'offres conformément aux constatations et recommandations de l'audit mandaté par l'ancienne ministre de l'Environnement ;

– une soumission avec spécifications du marché avec une précision suffisante pour permettre l'attribution du marché par la sélection de la meilleure offre, conformément aux règles régissant la procédure de passation applicable ;



– une révision du modèle d'organisation de l'action SDK pour favoriser la participation d'autres acteurs sur certains volets ;

ceci pour éviter qu'un ou plusieurs acteurs ne lancent une action en responsabilité contre l'État luxembourgeois.

(s.) Gilles Roth, Diane Aehm, Martine Hansen, Laurent Mosar, Claude Wiseler.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | An da si mir och der Meenung, dass déi zukünfteg Ausschreiwung net kann iwwert de Wee vun enger Entreprise générale sinn, mee dass et mussen eenzel Louse sinn, zum Beispill d'Berodung getrennt vun engem Transport an och getrennt vun enger Akademie, wann dann d'öffentlech Hand der Meenung ass, dass een derfir eng Akademie brauch.

A mir hätten och gären an der Tëschenzäit, dass en Audit iwwert d'Finanzflëss tëscht O.S.L. an dem Firmegeflecht, dat dem Hans-Peter Walter gehéiert, gemaach gëtt. Mir verlaangen och, dass parallel an dëser Affär en Audit vun der Cour des comptes gemaach gëtt. A mir sinn eigentlech verwonnert, dass déi haiteg Ëmweltministesch näischt vun all deem sollt gewosst hunn. D'Madamm Ëmweltministesch – ech hunn och keng Ursach, dodrun ze zweifelen – huet nämlech an der Kommissioun op Nofro vun eis ganz kloer gesot, dass si dat vun de Verbindungen vum Här Schmit an der Astellung vun dem Fils vun dem Här Schmit iwwert d'Press gewuer gi wier.

Ech muss just éierlech soen, Madamm Minister, ech sinn e bëssen iwwerrascht doriwwer. Ech gleewen Iech, mee ech sinn e bëssen iwwerrascht, dat musst Der mer zougestoen, well Dir waart zu där Zäit Directrice adjointe vun der Ëmweltverwaltung an Dir waart och eng vun deene véier Persounen, déi am Rapport d'audit interne – dat ass namentlech opgeléicht – gehéiert goufen, fir ze kucken, déi eenzel Verfeelungen opzeschaffen.

An elo soen ech Iech, fir Opschloss iwwer all dës eigentlech Ongeheierlechkeeten ze kréien, deposéieren ech eng Resolutioun fir eng Enquêtekommissioun am Numm vun de véier Oppositionsparteien an déi ass och vun CSV, ADR, déi Lénk an de Piraten ënnerschriwwen an ass deemno eng Minoritéit vun 29 vu 60 Deputéierten hei aus der Chamber.

**Plusieurs voix** | Très bien!

#### Résolution 1

« Instauration d'une commission d'enquête dans le dossier ayant trait à l'action SuperDrecksKëscht »

La Chambre des Députés,

– considérant que l'action SuperDrecksKëscht (SDK) est une action financée par l'État depuis le milieu des années 1980 ;

– considérant qu'elle est régie par une « loi-cadre » du 25 mars 2005 relative au fonctionnement et au financement de l'action SDK ;

– notant que les frais en relation avec l'action SDK ont dès les débuts été pris en charge par l'État via le Fonds pour la protection de l'Environnement ;

– notant que les coûts totaux pour les 3 types d'actions lancées sous la marque SDK dépassent actuellement les 100 millions d'euros ;

– constatant que pour l'exécution de l'action SDK, le ministère de l'Environnement disposait et dispose toujours de contrats spécifiques avec la société Oeko-Service Luxembourg S.A. (O.S.L.) ;

– considérant que de nombreuses irrégularités en rapport avec l'exécution de l'action SDK ont récemment fait surface, pour ne citer que les suivantes :

◦ absence de loi de financement,

◦ irrégularités en rapport avec l'attribution du marché à O.S.L.,

◦ propriété de la marque SDK,

◦ relations « problématiques » entre l'ancien directeur de l'Administration de l'Environnement et le principal actionnaire de la société O.S.L.,

◦ système de facturation déficitaire de la part d'O.S.L.,

◦ contrôle financier lacuneux de l'action SDK,

◦ pratiques anti-concurrentielles de la part d'O.S.L.,

◦ système de franchise montée par O.S.L. etc. ;

– considérant que si un premier audit mandaté par Madame le Ministre de l'Environnement a confirmé diverses irrégularités, il n'a pas fait la lumière notamment sur la construction sociétaire d'O.S.L. et sur son principal actionnaire et les flux financiers y relatifs,

décide

– d'instituer une commission d'enquête, conformément à l'article 64 de la Constitution et aux dispositions de la loi modifiée du 27 février 2011 sur les enquêtes parlementaires, avec pour missions

1. d'examiner :

◦ le déroulement procédural de l'attribution du marché à O.S.L.,

◦ le rôle de l'ancien directeur de l'Administration de l'Environnement,

◦ son relationnel avec le principal actionnaire d'O.S.L.,

◦ le montage financier d'O.S.L.,

◦ le contrôle financier de l'action SuperDrecksKëscht,

◦ les pratiques anti-concurrentielles d'O.S.L.,

◦ la pertinence du cadre légal et réglementaire actuel ;

2. de vérifier la pertinence des procédures de contrôle financier et autres en place ;

3. d'examiner les questions connexes qui pourraient surgir au cours de ses travaux ;

4. de faire rapport à la Chambre des Députés conformément à l'article 12 de la loi précitée, et ce dans les meilleurs délais.

(s.) Gilles Roth, Myriam Cecchetti, Marc Goergen, Martine Hansen, Fred Keup.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Blo-Rout-Gréng ka jo domadder ënnersträichen, dass et hinne wierklech ëm Transparenz am Kontext vun 112 Milliounen Euro geet. Et kann een dann och kucken, ob een déi vill beschwuren Transparenz, déi gefuerdert gëtt, a meeschtens vun deenen aneren, bei sech selwer applizéiert oder ob een dann awer de berühmten Deckel wëllt drophalen a soen: „Haaptsaach, et bleift een um Pouvoir.“

Ech menge ganz éierlech, d'Leit erwaarden haut zu Recht eng wierklech nei an transparent Politik mat oppene Fënsteren an net méi eng an enger Dunkelkammer mat zouene Jalousien, déi ee soss anere virgehäit huet. Well ech erënnere un en Zitat vum fréiere Vizepremier an Ekonomiesminister, dem Étienne Schneider: „Mir müssen d'Fënstere grouss oprappen an de Mief vu Joerzénkten CSV-Virherrschaft lassginn.“ A bei allen Affäre wier et eiser Meenung no déck un der Zäit, dass och bei Blo-Rout-Gréng elo mol kräfterg géif geléift ginn!

Ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. D'Parlament huet eng Kontrollfunktioun iwwert d'Regierung an hir Depensen. Dës Missioun vun der Legislativ ass jo aus ganz guddem Grond an eiser Verfassung verankert a gehéiert domat zu de Pilieri vun eiser Demokratie.

Mir stëmmen an dësem Haus reegelméisseg Gesetzer, déi dat explizitt Zil hunn, dës verfassungsrechtliche Prinzipien ëmzesetzen, spréich ze respektéieren. Ech denken un de Vott vum Budget am Dezember, deen der Regierung erlaabt, hir Steuern anzezeien an Depensen ze maachen. Ech denken awer och un déi sëllege punktuell Finanzéierungsgesetzer, déi d'Chamber approvuvéiert. Beispiller vun esou Finanzéierungsgesetzer ginn et der vill. Net méi spët wéi haut ass effektiv mat der Erweiderung vun der Beggener Kläranlag e weidert Finanzéierungsgesetz um Ordre du jour. Dobäi kommen all déi vill aner grouss a kleng Projeten, déi mir iwwert déi lescht Joren op dëser Plaz diskutéiert a gestëmmt hunn.

Här President, an der Vergaangenheet ass dës Prinzip awer net bei allen Ausgaben applizéiert ginn. Mir diskutéieren haut iwwert d'SuperDrecksKëscht, mee et kéint een och d'Beispill vum Finanzement vum RGTR nennen, dee bis viru Kuerzem net iwwer e Gesetz gereegelt war. De leschten Dezember gouf dat éischt Finanzéierungsgesetz iwwerhaapt fir d'Exploitation vum RGTR hei an der Chamber gestëmmt.

Verschiede pluriannuell Depensé sinn also net ëmmer iwwert de Wee vun engem Spezialgesetz lafe gelooss ginn. Dat war jorelaang Usus an dorunner huet ee sech och eigentlech net wierklech gestéiert. Den Ënnerschied ass haut allerdéngs, dass mer eng aner Interpretation vum Artikel 99 vun der Verfassung hunn.

Den Avis juridique vun der Cellule scientifique vun der Chamber ass kloer: D'Gesetz vun 2005 – an et ass schonns e puermol hei gesot ginn – ass net als Finanzéierungsgesetz unzegesinn an ass domat net méi konform zum Artikel 99 vun der Verfassung.

Déi fréier Ëmweltministesch huet sech doropshin och direkt bereeterkläert, dem Avis nozekommen an d'Finanzéierung vun der SuperDrecksKëscht ze reguliséieren an e separat Gesetz op den Instanzewege ze bréngen. Wat geschitt elo mat dësem Gesetz?

Här President, fir eis als DP ass et wichteg, d'Mission vun der SuperDrecksKëscht am Kader vun der Offallgestioun a Berodung juristeschem op zolidd Féiss ze stellen an all eventuell Onreegelméissegkeeten – sollten et der nach ginn – aus der Welt ze raumen. Mir wëllen hei voll Transparenz. An deem Sënn begräisse mir och, dass déi fréier Ëmweltministesch dofir och en Audit an Optrag ginn huet, fir der Saach op de Fong ze goen, och wann et leider ganz dacks ënnergeet.

Ganz wichteg fir eis Fraktioun ass, dass bei deem Audit festgestallt gouf, dass d'Ausschreiwung no de Konditiounen vum Gesetz vun 2005 duerchgefouert ginn ass. Am selwechten Audit, jo, goufen effektiv verschidde Recommendatiounen fir Verbesserungen formuléiert, wéi zum Beispill d'Restrukturéierung vum Comité de pilotage, d'Reaktivéierung vum Comité d'accompagnement oder nach d'Registrierung vun de Marquerechter vun der SuperDrecksKëscht duerch de Staat.

Wéi d'Madamm Ëmweltministesch eis an der Ëmweltkommissioun matgedeelt huet, gëtt dat jo och alles ëmgesat oder ass schonn ëmgesat. Mir géifen et

begrüßen, wann dat ganz séier géif geschéien a mir zweifelen och guer net dodrun.

Här President, ech wëll net op all eenzelne Punkt an dësem awer dach komplexen Dossier agoen. Fir d'DP-Fraktioun huet et kee Wäert, hei ze spekulieren, iwwer Saachen ze diskutieren, sou laang wéi se net schwaarz op wäiss beluecht sinn.

Fir eis als DP ass et glaskloer, dass, wa sech awer sollt erausstellen, dass et nach weider Saache géife ginn, déi net korrekt ofgelaf wieren oder net korrekt géifen oflafen, da mussen dës selbstverständlech an d'Rei bruecht ginn.

Fir eis als DP muss an dësem Dossier voll Transparenz zielen, esou wéi dat bis elo jo och geschitt ass. Dëst Gesetz mécht jo genee dat. Knapp ass dës Irregulartéit mat der Finanzéierung festgestallt ginn, ass decidiert ginn, de Problem aus der Welt ze schafen, an dat kënne mir als DP nëmme begrëssen.

Zum Schluss wëll ech nach dat heite soen: Wann an engem Dossier, wéi een och ëmmer, Problemer optrieden, wa sech anzwousch Froe stellen, ma da solle mir hei an der Chamber sachlech debattéieren, an dat um Fong vun der Saach.

Dëst gesot, soen ech Iech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, villmools Merci fir d'Nolauschteren a géif dem Rapportier ganz gäre villmools Merci soe fir säi gudde schrëftlechen a mündleche Rapport an ech géif dann och heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ginn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Hahn. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Villmools merci, Här President. Madamm Ministesch, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, jo, dat hei ass effektiv e schwieeren Dossier. A jo, an der Vergaangenheet si Feeler gemaach ginn, well op där enger Säit koom et zu engem Vertrag, dee keng Base léigle hat, an op där anerer Säit war de gesetzlech virgeschriwwene Comité d'accompagnement, deem déi staatlech finanzéiert Projekte wéi d'SuperDrecksKëscht iwwerwaache soll, net aktiv.

Stand haut wësse mer awer, dass déi ganz Struktur ronderëm d'SuperDrecksKëscht net esou gehandhaabt ginn ass, wéi sech dat fir Investitiounen a Milliounen héicht gehéiert.

Den Dossier SuperDrecksKëscht ass ganz komplex. Dat kann och dorunner leien, dass et sech bei der SuperDrecksKëscht ëm eng aussergewöhnlech gutt Symbios tëscht dem Staat an enger privater Firma handelt. Déi Zesummenaarbecht huet sech um Enn esou verselbstständegt, dass vill Leit der Meenung waren a vläicht och nach ëmmer sinn, dass d'SuperDrecksKëscht staatlech wier. An dofir ass et och elo gutt, dass dann och zanter Kuerzem d'Markerechter un de Staat gaange sinn.

Trotzdem ass an der Zesummenaarbecht tëscht dem O.S.L. an dem Staat vill matenee vermëscht ginn, wat getrennt gehéiert, an d'Prozeduren hu wéi selbstverständlech hire Laf geholl, ouni a Fro gestallt ze ginn. Wichteg besate Gremie wéi de Comité d'accompagnement goufen inaktiv an duerch e Comité de pilotage ersat, deem aner Interesse vertritt. Dat ass vläicht gutt fir d'SuperDrecksKëscht, mee et ass schlecht fir d'Transparenz a fir d'Glafwierdegkeet vun engem Staat. Ouni d'Anhale vu Prozedure riskéiere mer, der Willkür vun eenzelne Leit ze verfallen.

Fir d'Zukunft brauche mir duerfir d'Garantie, dass Projekte vun der Envergure vun der SuperDrecksKëscht

gewëssenhaft an uerdentlech begleet an och kontrolléiert ginn.

Bei aller Kritik, déi zum gudden Deel och berechtigt ass, ass et wichteg ervirzehiewen, dass een an dësem Dossier kee schwaarzt Schof ze siche brauch, dat well multilateral op verschiddenen Niveauen an der Regierung, der Chamber an am Staatsrot Entscheedunge getraff goufen, déi all zesummen zu dëser Situatioun gefouert hunn. Natierlech ass et wichteg, an engem uerdentleche Kader präzis ze analyséieren, wat schifgelaf ass a wat besser gemaach ka ginn. Mee haut an zu dëser Stonn muss mir eenzeg an eleng derfir suergen, dass d'Finanzéierung vun der SuperDrecksKëscht e legale Kader kritt.

A genau hei muss een och d'Virgeewis vum der Ministesch luwen. Et ass zu kengem Moment versicht ginn, mordikus um System festzehalen, mee am Géigendeel – an dat ass jo schonn haut de Mëtteg gesot ginn – gouf en Audit gefrot, deem op eng onofhängeg Manéier fir Transparenz an Dossier suerge sollt. Hei ass iwwerdeems och begrëssenswäert, dass d'Propositionen, déi aus dësem Audit erausgaange sinn, zur Kenntnis geholl gi sinn an och zum Deel schonn ëmgesat goufen. Esou ass zum Beispill de Comité d'accompagnement leschten November nees an d'Liewe geruff ginn.

Nodeems den Avis vun der Cellule scientifique gewisen huet, dass de Vertrag ëm d'SuperDrecksKëscht keng legal Basis huet, ass genau dee Gesetzesprojekt ausgeschafft ginn, dee mer dann och haut virleien hunn. Dat weist, dass d'Chamber hir Fonctioun, d'Regierung ze kontrolléieren, voll a ganz ausübe kann.

Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, d'Affär SuperDrecksKëscht mag wuel ganz komplizéiert sinn, mee de Gesetzesprojekt, dee mir haut virleien hunn, ass eigentlech ganz einfach. Et geet drëms, d'Offallversuergung zu Lëtzebuerg weiderhin ze garantéieren. A wann een also haut fir dës Loi spéciale stëmmt, dann heescht dat net an éischter Linn, dass ee mat deem, wat geschitt ass, absolut d'accord ass, mee et heescht, dass een d'SuperDrecksKëscht an domat déi aktuell Offallversuergung op d'mannst fir weider sechs Joer garantéiere kann.

An och wann een aus ville Grënn géint déi aktuell Zesummenaarbecht mat der SuperDrecksKëscht ass, sou kann e gudden Deel dovunner jo och nach während dem Vertrag geléist ginn. Mee et muss een awer dat heite bedenken: Esou wéi mir mëttlerweil am Alldag op Dëngschter vun der SuperDrecksKëscht ugewise sinn, esou ass awer och d'SuperDrecksKëscht op eng gereegelt finanziell Ënnerstëtzung ugewisen, dat, fir eng Sécherheet an de Projeten ze hunn an och fir hire Betrib plangen ze kënnen. A wa mir de Kontrakt mat der SuperDrecksKëscht also haut wëlle regulariséieren, da sollt dat fir déi ursprénglech uitgemaachte Period geschéien an net einfach an der Mëtt iwwert de Knéi gebrach ginn.

Stand haut ass den aktuelle Modell vun der SuperDrecksKëscht net méi aus dem Alldag ewechzedeken. Si ass e feste Bestanddeel vun eisem Offall- a Recyclingsystem a se leescht duerch déi sëllege Projeten e ganz relevante Bäitrag fir d'Gesellschaft, an dat net nëmme am Beräich vun de problemateschen Offäll, mee awer och iwwert déi sëllege Sensibilisatiounscampagnen. Kuckt op sdk.lu an Dir wäert verwonnert sinn, wéi vill Aktiounen sech nach hannert engem Recycling oder soss enger Offallasammlung befannen.

Et gëtt also net, wéi heiansdo gesot, just Geld mat Dreck gemaach, mee am Géigendeel, et gëtt och versicht, dësen Dreck komplett ze vermeiden. Aktiounen wéi „Clever akafen“ oder och d'Ecobox si keng

Geldmaschinen, mee si si gutt fir d'Ëmwelt. Méi wéi 80 Aarbechtsplazen a Schicksaler sinn iwwregens och domat verbonnen an och si hänken um Vertrag, deem nach sechs Joer lafe soll.

Virun 20 Joer goufen et während der CSV/DP-Regierung Diskussiounen driwwer, wéi gesetzeskonform d'staatlech Finanzéierung vun der SuperDrecksKëscht wier, an am Raum stoung och d'Fro, wéi ee mat der Monopolstellung vu Firmen an deem Beräich soll ëmgoen. Als Léisung gouf deemools och schonn ugeduecht, fir d'SuperDrecksKëscht ze verstaatlechen. Déi Iddi gouf verworf an haut hu mir en neie Monopol.

Virun 20 Joer goufen et och eng Rei Plainten, déi zum Deel zwar ofgewise goufen, an awer war ee sech eens, dass en neit Gesetz misst Kloeerheet schafen. A sengem Avis zum Projet de loi 5096, wat haut d'Loi vum 25. Mäerz 2005 relative au fonctionnement et au financement de l'action SuperDrecksKëscht ass, huet de Staatsrot deemools ervirgehewen: „reconnaisant l'importance des actions de la SuperDrecksKëscht dans la mise en œuvre d'une politique de gestion écologique des déchets problématiques, le Conseil d'État peut approuver la démarche des auteurs du projet sous revue, tendant à assurer la continuité et la légalité du fonctionnement de la SuperDrecksKëscht.“ D'Gesetz gouf mat 52 Stëmmen ugehall, well et war kloer: D'Gesetz ass gutt a mir brauchen et. Keen, och net de Staatsrot, huet deemools gesinn, dass d'Gesetz net den Ufuerderunge vun enger Loi spéciale entsprécht. Déi Feeler sinn aus haiteger Siicht natierlech bedauerlech, awer och mënschlech.

Elo wësse mer, d'Finanzéierung fir d'SuperDrecksKëscht huet keng legal Basis. Dat Wichtegst ass elo déi Basis esou séier wéi méiglech ze schafen. Politesch Meenungen do ronderëm sollen a mussen och diskutéiert ginn an et stinn nach vill, vill Froen op, mee dofir brauch ee méi Zäit.

Wéi ech scho virdu sot: D'Affär SuperDrecksKëscht ass komplex, mee de Gesetzesprojekt, ëm deem et hei eigentlech geet, ass einfach. Wat d'Affär ugeet, sou sti mir hannert de Propositionen vum Audit. Wat de Gesetzesprojekt ugeet, sou lauschte mer op d'Recherche vun der Cellule scientifique an op den Avis vum Staatsrot.

Dat heiten ass e Schrëtt an déi richteg Richtung an duerfir ginn ech mat Freed den Accord am Numm vun der LSAP, net ouni awer dem Rapportier François Benoy virdrun nach Merci ze soe fir dee kloer mündlechen a ganz gudde schrëftleche Rapport.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Hemmen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Stéphanie Empain (déi gréng)** | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Minister, jo, fir unzefänken wollt ech och nach eng Kéier zrëckkommen op d'SuperDrecksKëscht. Also, wat sinn eigentlech hir Ziler?

Fir d'éischt muss ee festhalen, dass d'SuperDrecksKëscht eng Mark ass, déi etabléiert ginn ass am Kader vun den Aufgaben, déi de Staat an der Offallgestioun huet, speziell an der Gestiou vun problemateschen, geféierlechen Offäll.

Wat si geféierlech Offäll? Mir schwätzen hei vu Saieren, Asbest, Fetter, verschiddenen elektronische Geräter, Medikamenter a Sprëtzen, Pestiziden, Batterien, Faarf an esou weider.



Virun 1985, dat heescht virun der SuperDrecksKëscht, sinn déi Saachen um Tipp gelant, an dat evidenterweis mat engem extreem schlechten Impakt op eis Émwelt, d'Loft, d'Waasser, de Buedem an natierlech och op de Mënsch.

Ab 1985 ass mat der Aktioun SuperDrecksKëscht dunn e kohärente System iwwert de ganze Lëtzebuerger Territoire opgebaut ginn, fir dass dës problematesch Dechete geréiert kënne ginn, fir dass se eeben net méi an der groer Poubelle landen. Mee d'SuperDrecksKëscht mécht, wéi och elo gesot ginn ass, och Berodung, begleet notament d'Entreprise fir eng besser Gestéioun an eng Preventioun vu problemateschen Offäll.

Dëse Marché, also d'Exekutioun vun dem SuperDrecksKëscht-Opdrag, gëtt via Ausschreiwung verginn. Zulescht ass dës Ausschreiwung am Joer 2017 gemaach ginn, an dat, fir d'Aktioun SuperDrecksKëscht vun 2018 bis d'Joer 2028 auszuféieren. Konkreet ass den 2. Januar 2018 tëscht dem Émweltministère an der privater Firma Oeko-Service Luxembourg e Kontrakt fir d'Ausféierung vun der Aktioun SuperDrecksKëscht ënnerschriwwen ginn. Merci, Hår Benoy. De Kontrakt huet eng Lafzäit bis den 31. Dezember 2023. Dëse Kontrakt ass d'Resultat vun enger europäescher Ausschreiwung, déi konform zu de Reegelen vum dem Gesetz iwwert d'Marchés publics duerchgefouert ginn.

An da wollt ech awer elo nach eng Kéier drop hiweisen, wat mer un der Aktioun SuperDrecksKëscht hunn. Meng Virriednerin ass do am Detail drop agaangen. An ech ka just bestätegen: Si ass e wichteg Puzzlestéck an eiser Offallwirtschaft! Si huet internationale Virbildcharakter an et ass e System, dee fonctionéiert, op deem d'Leit sech verlosse kënnen an op deem och d'Betribler sech verlosse kënnen an dee fir si ganz wichteg ass.

Bon, wourëms et elo haut geet, huet de Rapporteur, de François Benoy, jo scho ganz kloer a sengem Rapport duergeluecht. Et geet drëm, ex post de Kontrakt tëscht dem Staat an O.S.L. ze regulariséieren, dat well, wéi erkläert ginn ass, d'Cellule scientifique vun der Chamber no enger Analys zur Konklusioun komm ass, dass d'SuperdrecksKëscht-Gesetz vun 2005 keng Loi spéciale ass, wéi dat eebe vun der Verfassung gefrot ass an domadder déi Base net duergeet, fir d'Finanzéierung ze assuréieren. Konkreet geet et, wéi gesot, ëm den Artikel 99 vun der Verfassung, mat deem dat Gesetz net konform war.

Bon, elo wësse mer all, dass dee Problem do schonn zënter 2005, also schonn zënter enger ganzer Partie Joren, esou geschlummert huet, obwuel een och soe muss, dass 2005, wéi dat Gesetz esou gestëmmt ginn ass, jiddwereen dat en bonne foi gemaach huet. Souwuel d'Chamber wéi och de Conseil d'État sinn dervunner ausgaangen, dass dat 2005er-Gesetz eebe konform mam Artikel 99 wier, well genau dat de Grond war, dass dat Gesetz esou ausgeschafft ginn ass.

Bon, et baséiert elo trotzdem op enger falscher Annahme, nämlech um mangelhafte Kader, deem 2005 definéiert ginn ass, wouop d'Kontrakter vun 2007 an 2018 berout hunn.

Wat mer also haut mam Stëmme vun dësem Gesetz maachen, ass, dës Situatioun ze korrigéieren. An et ass effektiv och net déi éischte Kéier, wou esou eppes gemaach gëtt: D'Cellule scientifique vun der Chamber weist drop hin, dass och beim 360 Milliounen schwéiere Kontrakt mam Max-Planck-Institut vun 2014 zum Beispill nodréiglech esou eng Regulariséierung virgeholl ginn ass.

Am Avis vun der Cellule scientifique ass dës Prozedur also positiv bewäert ginn an den Avis vum Staatsrot

zu dësem Gesetz huet och kee Problem mat där Approche fir dës Reguliséierung gesinn. Dëst just fir ze soen, dass mer eis, wat dëst Gesetz vun haut ubelaangt, an déi Prozedur, déi gewielt ginn ass, fir de Kontrakt ze regulariséieren, eigentlich op engem Wee beweegen, dee scho virgetrëppelt ginn ass.

Da komme mer awer elo zu den – ech soen elo mol – sougenannte „Mësstänn“, déi haut och schonn ugeschwat gi sinn. Dozou wëll ech soen, dass et am Fong interessant ass, dass sech grad elo, deem Ament, wou mer higinn an eppes regulariséieren, wou en Audit gemaach gëtt, fir e jorelaange Fonctionnement ze analyséieren, wou och eenzel Elementer, déi sech als verbesserungswürdeg erausgestallt hunn, aktiv ugaange ginn, fir se eeben ze verbesseren, acharnéiert gëtt, do géif et grav Mësstänn ginn, déi et géife rechtfertegen an déi eis géifen eng juristesche Handhab ginn, fir de Kontrakt opzeléisen.

Bon, domat wëll ech op jidde Fall net soen, dass et net erlaabt wier, eppes ze hannerfroen, op kee Fall. Au contraire, hei ass d'Chamber an natierlech och d'Oppositioun ganz an hirem Rôle an d'Diskussiounen an der Kommissioun hu jo och gefruucht.

Et si Punkten opgeworf ginn, déi kënne verbessert ginn, wat derzou gefouert huet, dass d'Gouvernance vun der SuperDrecksKëscht elo op méi feste Féiss steet, méi transparent ass an och besser kontrolléiert gëtt. An ech mengen, dat ass och am Sënn vu jiddwerengem, an dozou hu sech elo zwou Ministeschen engagéiert. Dat ass en neie Moment an eng wirklech net Verbesserung am System SuperDrecksKëscht par rapport zu all de Jore virdrun.

An ech mengen, et muss dann och iergendwann awer akzeptéiert ginn, wann e Sujet bis x-mol an der Kommissioun thematiséiert ginn ass, wann all Fro duebel an dräifach beäntwert ginn ass, dass ee vläicht eng aner Interpretatioun vun der Situatioun huet, mee et kann een awer net behapen, dass ee keng Äntwerte kritt huet. An ech fannen och e bësselchen déi Aart a Weis schwéier, wéi eng Struktur, déi elo quasi zënter Joerzéngte esou fonctionéiert huet, elo zu engem Skandal héichstiliséiert gëtt. Dat ass eng Aart a Weis, déi mir eigentlich relativ widderstieft.

Fakt ass awer, et ass en Audit gemaach ginn, dee Follgendes sollt kucken: E sollt analyséieren, ob de legale Kader respektéiert ginn ass, dat um Niveau vun der Vergabe vum Marché vum SuperDrecksKëscht-Gesetz a vun der Exekutioun vun der Aktioun SuperDrecksKëscht. E sollt déi finanziell Struktur vun der Aktioun SuperDrecksKëscht beliichten, dat souwuel um Niveau vun der Fakturatioun wéi um Niveau vun de Bénéficiaires effectifs. An e sollt analyséieren, wéi de Fonctionnement vun der SuperDrecksKëscht ausgesäit, dat um Niveau vun der Gouvernance, awer och um Niveau vum Rekrutement.

A wat hei analyséiert ginn ass, dat kouw och net vun ongeféier, dat kouw net aus dem Näischt eraus, mee et huet baséiert op deem, wat a verschiddene Presseartikelen bericht ginn ass, souwéi och op de Froen, déi dunn am Laf vun der Zäit vusäit vun Deputéierten un d'Émweltministesch gericht gi sinn.

Den Audit analyséiert also de Vertrag vum Staat mat der Firma O.S.L. D'fréier Émweltministesch huet deem Audit, wéi gesot, an Opdrag ginn an deem ass dunn de 17. September 2021 an der Émweltkommissioun presentéiert ginn. A viwech, et ass scho gesot ginn, den Audit huet keng Nonkonformitéite festgestallt, wat d'Exekutioun vun der Aktioun SuperDrecksKëscht ugeet, wéi och, wat d'Ausschreiwung par rapport zum Gesetz ubelaangt. En huet och, wat de Rekrutement ubelaangt, festgehalen, dass de besote Rekrutement enger normaler Procédure de recrutement vun enger PME an där Gréisst ënnerlouch.

D'Auditeuren hunn awer Recommandatiounen fir verschidde Verbesserungen ginn. Déi Verbesserungen gi vum Ministère ganz seriö geholl a sinn och an der Ëmsetzung. An deem Sënn goufen de Comité de pilotage an de Comité d'accompagnement, deem d'Mise en oeuvre vun der Aktioun SuperDrecksKëscht suivéiert, nei strukturéiert respektiv reaktivéiert, dëst, fir eng besser Rolleverdeelung tëscht staatlechen a privaten Acteuren ze garantéieren. Esou gouf och elo e Représentant vum Ministère am Comité de pilotage designéiert. Och ass de Suivi vun der Aktioun am Ministère op nach méi Leit verdeelt ginn, fir nach eng besser Kontroll ze assuréieren.

Ausserdeem huet den Audit recommandéiert, d'Markerechter vun der SuperDrecksKëscht dem Staat ze iwwerdreen. Dat ass mëttlerweil och geschitt. Do sinn d'Markerechter iwwerschrifft ginn.

An zu gudder Lescht ass d'Prozedur vun der Fakturatioun och elo amgaangen, iwwerschafft ze ginn. An dat alles – dat wëll ech och nach eemol betounen – ass och positiv ze bewäerten am Hëlbleck dorop, dass déi Verbesserung kumm sinn, nodeems d'Chamber den Dossier opgegraff huet, Froe gestallt huet an dorop hin eeben och deem Audit gemaach ginn ass.

Ëm wat ass et elo ënner anerem konkret gaangen, respektiv wéi eng Umschëllung stoungen am Raum? A keng Angscht, déi Lëscht ass och net endlos. Et ass fir d'alleréisch emol de Virwurf, d'2005er-Gesetz zur SuperDrecksKëscht wier op d'Firma O.S.L. zougesschnidde gewiescht, wat dann och zu enger Monopolstellung gefouert hätt.

Ech mengen, déi Fro, déi hei am Raum steet, ass wuel och en Lien mat deem Constat, dass et frëndschafleche Rapporten tëscht dem fréieren Direkter vun der Émweltverwaltung an dem Direkter vun der Firma O.S.L. gëtt. Also kloer ausgedréckt: De Virwurf vum Favoritismus steet hei am Raum.

Dozou ass ze soen, dass am Virfeld vum 2005er-Gesetz e Comité d'accompagnement an d'Liewe geruff ginn ass, an deem Vertrieeder vum Ministère de l'Intérieur, der Inspection générale des finances an der Émweltverwaltung waren. Hei souzen also net just de fréieren Direkter vun der Émweltverwaltung, mee och nach eng Partie aner Leit, an et ass dës Kommittee, deem och entscheet huet, dass en Appel à candidatures op europäeschem Plang géif gemaach ginn.

Och de Kontrakt vum 2. Januar 2018 tëscht dem Émweltministère an der Firma O.S.L. fir d'Ausféierung vun der Aktioun SuperDrecksKëscht ass d'Resultat vun enger europäescher Ausschreiwung, déi konform zu de Reegelen vum Gesetz iwwert de Marché public ausgefouert gouf, an dat huet den Audit jo och nach eemol bestätegt. D'Gesetz ass also net op eng spezifesch Firma zougesschnidde ginn.

Vu datt dat Gesetz sech kloer op d'Gesetzgebung vun dem Marché public referéiert an doduerjer verlaangt gëtt, datt fir de Marché négocié en öffentliche Appel à candidatures op europäeschem Niveau gemaach muss ginn, kann all Firma, déi déi néideg Qualifikatiounen opweise kann, sech dru bedeelegen.

Wat d'Soumissioun vun 2017 ugeet, esou huet den Audit och do keng Anomalie bei der Attributioun vum Marché festgestallt, an et stëmmt och net, dass se just ee Mount Zäit haten, fir hir Kandidatur eranzerechen. Et war ee Mount, fir mol Interessi unzekënnegen. Duerno hate se nach weider dräi Méint, fir hiren Dossier eranzerechen, also insgesamt véier Méint. Voilà!

(Interruption)

Ben, quand-même.

De Cahier des charges ass hei vun enger Commission ad hoc erstallt ginn, an där och erëm méi Leit souzen. Nieft dem fréieren Direkter vun der Ëmweltverwaltung waren hei och nach e Beamten aus dem Ministère, eng Vertrieederin vun der Chambre des Métiers an och e Vertrieeder vun der Chambre de Commerce present. Si hunn zesummen de Cahier des charges opgestallt, also war och dat heite keng One-Man-Show.

Et ass awer effektiv eng Tatsaach, dass O.S.L. deen eenzege Kandidat war, dee sech op d'Ausschreiwung hi gemellt huet, obwuel den Appel d'offres op EU-Niveau ausgeschriwwen gi war a fir eng Zäit vun zéng Joer, wat jo och bedeit, dass dat erlaabt hätt, dass Investissementer amortiséiert ginn. Firwat sech am Endeffekt just een, nämlech O.S.L., dorobber gemellt huet, dofir konnt den Audit och keng direkt Erklärung ginn.

Da war et och de Virwurf, d'Firma O.S.L. géif vum Franchisesystem am Ausland finanziell profitéieren. Do ass et ganz einfach esou, dass déi Suen, déi iwwer déi Gebühren do erakommen, herno vun der Gesamtkäschte vun der Aktioun SuperDrecksKëscht hei zu Lëtzebuerg ofgehele ginn. Dat bedeit, et ass de Lëtzeburger Staat, deen dovunner eng Retombée huet, an net O.S.L.

An dann ass et, wéi och schonn ugeschwat, de Virwurf vum Favoritismus beim Rekrutement vun engem Employé, nämlech dem Fils vun fréieren Direkter vun der Ëmweltverwaltung bei der SDK-Akademie. Och dat ass, wéi gesot, am Audit analyséiert ginn, a si sinn zur Konklusioun komm, dass et hei keng Irregularitéite gi sinn. Den Audit huet d'Konklusioun gezunn, dass O.S.L. eleng verantwortlech ass fir hir Rekrutementen, ouni Applikatioun vum Comité de pilotage. A si hunn déi Astellung gemaach mat engem Prozess, deen üblech ass fir eng Entreprise vun esou enger Gréisst.

Laut O.S.L. hat déi besote Persoun virdrun och schonn e Stage do gemaach, während deem si hir fachlech Kompetenz konnt ënner Beweis stellen. An et ass déi Erfahrung, déi herno och derzou gefouert huet, dass se och dee Poste kritt huet. Ech wëll och nach umieren, dass déi Astellung och zäitlech net en lien war mat der Ausschreiwung.

Da gouf sporadesch och an de Raum geheet, dass déi Präisser, déi gefrot ginn, net gerechtfertegt wieren. Och dozou huet de Ministère an der Kommissioun Stellung geholl a preziséiert, dass all d'Rechnunge vun der Ëmweltverwaltung kontrolléiert ginn. Déi Kontroll kuckt engersäits, ob déi Ausgabe plausibel sinn, a kuckt dat Ganz och aus enger Vue comptable. Si kucken och d'Moyennespräisser vun der Berodung pro Betrib an och d'Moyenne vun de Berodungsstonnen, déi pro Betrib ufalen. Rechnunge ginn ëmmer nëmmen no eingehender Kontroll iwwerwisen.

Ech kommen dann zum Schluss, zu menger Konklusioun. Fir nach eemol op den Dag vun haut zréckzkommen: Mir stëmmen haut e Finanzéierungsgesetz. Mir regulariséieren eng Situatioun, déi laut dem wëssenschaftlechen Dénkscht vun eise Haus scho laang net korrekt ass an am Fong nach ni korrekt war. Mir ginn domadder déi néideg Base fir d'Finanzéierung vun enger Aktioun, där hir Responsabilitéit net där mannster eng ass, nämlech, sech där problematescher Offall unzehuelen, fir sécherzestellen, dass déi net einfach um Tipp landen oder an der Verbrennungsanlag.

Dat ass déi Approche, déi d'Cellule scientifique eis ugeroden huet an zu där de Conseil d'État och keng Bedenken hat. De Montant, deen als Plaffong am Gesetz steet, beleef sech op e Maximum vun 112

Milliounen Euro, dat sinn, wéi de Rapportier virdru scho gesot huet, eppes iwwer 10 Milliounen Euro d'Joer, fir dës wichteg Tâche fir eis Bierger a Betriber ze assuréieren. An dat ass kee Blankoscheck, wéi ech dat souwuel an engem Artikel hu misse liesen a wéi et och elo grad gesot ginn ass. Dat ass ganz einfach déi Zomm, déi de Staat der Firma O.S.L. fir hir Prestatiounen ze iwwerweisen huet. An déi Zomm ass jo och e Plaffong a gëtt no Ofrechnung facturéiert an an där Prozedur sinn d'„checks and balances“ agebonnen.

Un alle Verbesserungsvirschléi aus dem Audit gëtt geschafft. Eng Partie sinn der schonn ëmgesat, anerer sinn nach en cours. Fir eis ass de Constat, dass mer, Stand haut, déi Aktioun SuperDrecksKëscht op méi zolitten an transparente Féiss stoen hunn, wéi dat bis elo jee de Fall war.

Mir haten an hunn elo eng Ministesch, déi sech engagiert huet, weiderhi fir Transparenz ze suergen. Virun allem schwätze mer hei vu Verbesserungsvirschléi aus dem Audit, net vun Elementer, déi et géife rechtfertegen, dass mer de Kontrakt resiliéieren.

Eis ass et wichteg, deen Erfollegmodell vun der SuperDrecksKëscht héichzehalen. D'Aktioun SuperDrecksKëscht ass wichteg a soll um Liewe gehale ginn, an dat froen och d'Beruffskummeren eis.

An domat soen ech Iech Merci a ginn och den Accord vu menger grénger Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen der Madamm Empain Merci. Den Här Goergen wëllt Iech nach eng Fro stellen.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Jo.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Madamm Empain, fir Är Erklärungen. Dir hutt elo grad gesot, um Franchise hätt O.S.L. oder den Här Walter näischt verdéngt. Kënnt Der dat confirméieren?

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Dat sinn déi Informatiounen, déi mir krute säitens dem Ministère, an ech hu keen Ulass, déi Informatiounen net ze gleeuwen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Den Audit seet eppes aneres. Ech wollt just déi Confirmatioun, dass Dir gesot hutt, en hätt näischt dru verdéngt an dass déi Franchisefirmen, wéi et hei am Audit steet, him net géife gehéieren. 90 % Participatioun vum Här Walter an deene Franchisefirmen, an Dir kommt heihinner an Dir sot, en hätt iwwer de Franchise näischt verdéngt!

Merci.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Da sot och genau dat, wat ech gesot hunn. Ech hu gesot: Vun deene Retombéeë profitéiert de Staat. De Staat profitéiert do dervunner.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | De Staat kritt e klengen Deel vum Franchise, mee ech ginn herno nach dorop an.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Empain. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, ech kommen direkt voll dran hei. De 15. Februar 2021 gëtt ënnert dem Titel „Das System SuperDrecksKëscht“ en Artikel op Reporter.lu publizéiert, an deem eng Rei potenziell Mëssstänn bei der Offalfirma thematiséiert ginn, an domat fänkt dat alles dann esou richteg un.

Et gëtt do festgestallt, dass et sech bei der SuperDrecksKëscht net ëm en ëffentlechen Organismus

oder eng ASBL handelt, wéi dat vun de Lëtzeburger wäitleefeg ugeholl gëtt – iwwregens och deemools vu mir. Dat ass schonn e bëssen impressionnant!

D'Firma huet 2018 e Kontrakt mam Staat ënnerschriwwen, deen hir bis 2028 déi 27 Milliounen Euro (veuillez lire: 97 Milliounen) fir d'Finanzéierung zur Verfügung stellt, a se kann nach zousätzlech Käschten umellen, déi zwar iwwerpréift, awer trotzdem da vum Staat iwwerholl kënne ginn, also ganz héich Montanten.

Da steet weider dran am Artikel, d'Firma hätt vum Gesetz hier e Monopol, deen aner privat Acteuren ausschléisse géif, an duerfir gëtt vun enger „Omerta“ geschwat tëscht der SuperDrecksKëscht an der Ëmweltverwaltung.

Da steet dran, d'Affär géing zréck op d'Ausschreiwung, déi am Kader vum SuperDrecksKëscht-Gesetz aus dem Joer 2005 lancéiert gouf. Deemools goufe Firmaen, déi och Transportdénkschter fir Offall ubidden, vun der Ausschreiwung ausgeschloss. Dat huet sech dann op all déi aner bezunn, awer eeben net op d'SuperDrecksKëscht.

An do war och de Fall vun enger anerer bekannter Offalfirma, déi mat de roude Camionen, déi hat eng Plainte gemaach géint d'Privileegie vun der SuperDrecksKëscht. Déi ass awer weinst engem Formfeeler vum Verwaltungsgericht verworfen ginn.

Da stoung weider dran, dass d'Ëmweltberoder vun der SuperDrecksKëscht, déi vun der Firma Oeko-Service Luxembourg, also O.S.L., agestellt sinn, vum Staat bezuelt ginn, während aner Ëmweltberoder dës Käschte selwer droen an domat präislech net mat der SuperDrecksKëscht mathale kënnen.

Da steet weider dran, O.S.L. wier national an international un enger ganzer Rei Zousazfirmen aus dem gläiche Segment bedeelegt, woubäi sech dann och d'Fro stellt, wéi dës Bedeelegunge mam Lëtzeburger Opdrag kompatibel sinn.

Weider besteet de Verdacht, dass d'SuperDrecksKëscht-Beroder, déi de Leit zu Lëtzebuerg vu verschiddene vun deene Firmae roden, da bei de Leit als vermeintlech onofhängeg wouergeholl ginn, awer et eeben net sinn.

Da muss een och soen, dass CCN, déi jo och dann zu O.S.L. gehéiert, Transportdénkschter fir Offall ënnerhält. An dat ass jo méi wéi verwonnerlech, well wéi mer virdrun héieren hunn, war deemools bei der Ausschreiwung gesot ginn, et dierft ee keng Transportdénkschter ubidden. An hei ass also O.S.L., mat hirer Firma CCN, déi dat awer mécht.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

D'SuperDrecksKëscht gëtt normalerweis duerch e Comité de pilotage kontrolléiert, an deem awer dann déi Leit dra sinn, déi och dann eeben an deene verschiddene Firmae mat dra sinn. Si préiwe sech also zum Deel selwer. D'Vertrieederin vun der Handwierkerkummer, déi och an deem Gremium sëtzt, sot, dass si nëmmen e staark begrenzten Abléck an d'Aktivitéite vun der SuperDrecksKëscht géif huelen an och net als Finanzcontrôleur géif optrieden.

Da stoung an deem Artikel: 2018 an 2019 gouf et Onregelméissegkeeten am Bilan vu jee weils knapp 15 % vum Gesamtvolumen.

Dann huet 2019 O.S.L. eng Dividend vun 1,5 Milliounen Euro ausgeschott, woubäi dann och net ganz kloer ass, wou déi Sue genee hierkommen a wou déi genee higin.

Dann de Logo. De Staat misst eigentlech d'Rechter um Logo vun der SuperDrecksKëscht hunn, mee



beim zoustännegen EU-Büro ass den Direkter vun der SuperDrecksKëscht agedroen, angeblech stellvertredend an – esou krute mir erklärt – well et dem Staat dofir un der néideger Rechtsperséinlechkeet feelt. Duerno si mer gewuer ginn, dass dat natierlech net richtig ass. De Logo dierf dann och doriwwer eraus am Ausland käschteflüchtig un aner Firmae verlount ginn, wouvun awer nees just Firme Gebrauch maachen, un deenen den Direkter vun der SuperDrecksKëscht finanziell bedeelegt ass, dat, wat virdru gesot ginn ass. De Chef vun der Ëmweltverwaltung vun deemools konnt just soen, dass de Staat Sue vun deene Firmae kritt, awer och net, wéi vill.

An dann natierlech, dat muss een och erëm widderhuelen: Den Direkter vun der Ëmweltverwaltung an den Direkter vun der SuperDrecksKëscht si säit 30 Joer gutt Kolleegen. Deen een ass Pätter vun deem anere senger Duechter. Deem säi Jong ass da selwer responsabel fir deem anere seng SuperDrecksKëscht-Akademie. Offiziell wëllt do awer kee sech an d'Personalentscheidungen abruucht hunn. Hm!

No deem Artikel vu Reporter.lu, deen héich Welle geschloen hat, sinn eng ganz Partie Reaktiounen komm. D'Madamm Ëmweltminister Carole Dieschbourg gouf zesumme mam Ëmweltdirekter an déi zoustänneg Chamberskommissioun convoquéiert. D'Madamm Dieschbourg huet selwer en Audit vun der SuperDrecksKëscht annoncéiert. No der entsprecherender Sëtzung vun der Kommissioun gouf d'SuperDrecksKëscht dann als eng „Gelddréckmaschinn“ bezechent.

Weiderhi kouw do eraus: D'Plaz, déi dem Direkter vun der Ëmweltverwaltung säi Jong bei der Akademie vun der SuperDrecksKëscht krut, gouf net ausgeschriwwen, mee hien hätt während engem Stage vu siwe Méint seng Qualifikatioun ënner Beweis gestallt. Geet dat duer, fir een anzustellen? Ass dat dee korrecte Wee?

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

D'Akademie vun der SuperDrecksKëscht gëtt vum Staat och separat subventionéiert an huet de Steierzueler och während dem Covidjoer 2020 iwwer 600.000 Euro kascht, obwuel jo do am Fong manner Formatiounen ugefall sinn.

Gestéiert huet mech bei där ... Pardon, Här Di Bartolomeo, ech wollt kucken, dass Der eng Kéier matkommt.

*(Hilarité)*

D'Deputéiert kruten am Virfeld vun där ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Do, wou Dir sidd, sinn ech scho laang!

**M. Fred Keup** (ADR) | O, dat ass ganz sécher wouer!

D'Deputéiert kruten am Virfeld net all déi gefuerdert Dokumenter direkt a si krute se och eréischt 20 Minutte virun der Reunioun. An ech ka mech do ganz genee drun erënneren. Do ass ee sech dach awer e bëssen – jo, ech soen elo mol – net ganz respektéiert virkomm an der Kommissioun als Deputéierten, wann een op eemol dann eréischt e puer Minutten, ier d'Kommissioun ufänkt, déi gefrote Pabeiere kritt. An da kritt een dann do eng PowerPoint-Presentatioun, wéi d'Mülltrennung funktionéiert, woubäi et awer ëm ganz aner Saache gaangen ass.

A vun do u sinn dann och d'Meenungen tëscht der Oppositioun an der Majoritéit staark ausereenegegaangen. Fir d'Majoritéit goufe sämtlech Froe gekläert, wéi dat haut och e bëssen erauskomm ass. Et kouw zu kenge Verstéiss, an d'SuperDrecksKëscht ass een Erfollegsmoedell!

Fir d'Oppositioun bleiwen eng ganz Rei Froen op. Virleefeg huet ee sech awer du mussen op QPe beschränken an den Audit ofwaarden. Bon.

De Wirtschaftsminister Fayot, dee per Video zougeschalt war, huet dunn och der Duerstellung vum Ëmweltministère, wouno de Staat keng eege Marktrechter hale kéint, widdersprach, well dat beispillsweis och beim „Let's make it happen“ de Fall wier. An de Kontrakt gëtt der Ëmweltverwaltung ënner Punkt 4.6 duerchaus d'Recht, O.S.L. duerch ëffentlech Finanzcontrôleuren auditéieren ze loossen.

Wéi scho virdru bemierkt, hat d'Madamm Dieschbourg en Audit vun der SDK ugekënnegt, deen duerno vun der Firma Muller & Associés duerchgefouert gouf. Do goufen d'Resultater an der Chamberskommissioun presentéiert. Resultat: Et war kee richtegen Audit. An d'„Lëtzebuerger Wort“ huet geschriwwen: „Ein Audit, das keines ist!“ Et huet sech just ëm eng Analys, net ëm en Audit gehandelt, well déi relevant Punkte guer net gepréift goufen. D'Firmestruktur vum Direkter vun der SuperDrecksKëscht gouf net gepréift an déi perséinlech Bezéiunge vum Direkter vun der Ëmweltverwaltung an dem Proprietär vun der SuperDrecksKëscht goufen net gepréift.

Et goufen dann awer och Mësstänn festgestallt: D'Rechnunge goufen nach manuell erstallt, wat zu enger héijer Feelerquot gefouert huet.

An da goufe Recommendatiounen formuléiert: De Staat soll sech nodréiglech als Proprietär vun der Mark androen, de Comité de pilotage soll reaktivéiert ginn an de Comité d'accompagnement permanent, dee bis dato just um Pabeier existéiert huet, reaktivéiert an als zoustänneg Instanz fir d'Finanzkontroll agesat ginn.

Weider si folgend Onreegelméissegkeete festgestelt gewiescht: Onreegelméissegkeeten am Bilan vun 2018 vun iwwer 3,7 Milliounen Euro souwéi d'Dividend vun 1,5 Milliounen Euro fir 2019, déi ausbezuelgt gouf, konnten net iwwerpréift ginn, well déi néideg Dokumenter verweigert goufen.

Muller & Associés kouw zu folgender Konklusioun: „Après analyse des comptes annuels publiés, il nous est impossible de donner une assurance sur les comptes de la société“.

Da komme mer erëm bei Reporter.lu, déi et gutt formuléiert hunn an déi festgehalten hunn, an ech zitieren dat: „Man muss sich diesen Befund nur einmal kurz vergegenwärtigen: Ein von der Regierung in Auftrag gegebenes Audit kann und will kein Urteil darüber abgeben, ob bei einer Firma, die viele Millionen Steuergelder erhält, finanziell alles mit rechten Dingen zugeht. In diesem Sinn hört sich der Satz von Carole Dieschbourg, wonach bei der SuperDrecksKëscht keine Unregelmäßigkeiten festgestellt worden seien, überaus zynisch an.“

Duerfir, Här President, wat kënne mer elo haut konkret maachen? Mir kënnen dat alles elo weiderlafe loossen a soen: „D'SuperDrecksKëscht ass wichteg, well mir musse jo awer iergendwéi eise Müll entsueren!“, oder mir kënne kucken, dass mer déi Saachen do awer iergendwéi opklären. An ech mengen, dat ass och eng Missioun, déi mir als Chamber hunn!

An duerfir stelle mir fest, dass den Audit a Saache SuperDrecksKëscht, dee vun där demissionärer Ëmweltministesch an d'Weeër geleet gi war, net all d'Uschëllegungen an net all Verdacht op Onreegelméissegkeete beäntwert huet.

Mir stelle weider fest, dass d'Regierung, a speziell den Ëmweltministère, am Interessi vun hirer Glafwierdegkeet an och am Interessi vun der Glafwierdegkeet

vun der ganzer Politik, all Interêt hätt, fir esou séier wéi méiglech Kloorheet an den Dossier SuperDrecksKëscht ze bréngen.

An duerfir fuerdere mer d'Regierung op, eng onofhängeg Auditfirma ze mandatéieren, fir folgend Punkten am Dossier SuperDrecksKëscht genee ze analyséieren: d'Finanzen, déi finanziell Verflechtungen, d'Strukturen an d'Bedeelungen an hir Implikatiounen, dann d'Personalpolitik an d'Virwërf vu Vetternwirtschaft, dann de Respekt vum Ausschreibungsgesetz, d'Konkurrenz zu private Beroderfirmen an Dëngschtleeschter duerch e staatlech finanziéierte Betrib an dann d'Redundanz vun der SuperDrecksKëscht-Offert mat de Recyclingzentren an aneren Offerten an deem Secteur vum fräie Maart.

A schlussendlech fuerdere mer och d'Regierung op ze garantéieren, dass dës Auditfirma souwuel vun de Proprietären an der Direktioun vun der SuperDrecksKëscht wéi och vum Ëmweltministère dës Kéier de vollen Zougang zu allen Informatiounen kritt, déi si fir hir Aarbecht brauch.

Dat ass eng Motioun, an ech iwwerreechen Iech déi, Här President.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Wannechgelift.

### Motion 2

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, dass*

– den Audit a Saache SuperDrecksKëscht, dee vun där demissionärer Ëmweltministesch an d'Weeër geleet gi war, net all Uschëllegungen a net all Verdacht op Onreegelméissegkeete beäntwert huet,

*ënnersträicht, dass*

– d'Regierung a speziell den Ëmweltministère am Interessi vun hirer Glafwierdegkeet all Interêt hätten, fir esou séier wéi méiglech Kloorheet an den Dossier SuperDrecksKëscht ze bréngen,

*fuerdert d'Regierung op,*

– eng onofhängeg Auditfirma ze mandatéieren, fir folgend Punkten am Dossier SuperDrecksKëscht genee ze analyséieren:

◦ Finanzen, finanziell Verflechtungen, Strukturen a Bedeelungen an hir Implikatiounen,

◦ Personalpolitik an d'Virwërf vun Nepotismus,

◦ Respekt vum Ausschreibungsgesetz; Konkurrenz zu private Beroderfirmen an Dëngschtleeschter duerch e staatlech finanziéierte Betrib,

◦ Redundanz vun der SuperDrecksKëscht-Offert mat de Recyclingzentren an aneren Offerten an deem Secteur um fräie Maart;

– ze garantéieren, dass dës Auditfirma souwuel vun de Proprietären an der Direktioun vun der SuperDrecksKëscht wéi och vum Ëmweltministère de vollen Zougang zu allen Informatiounen kritt, déi si fir hir Aarbecht freet.

*(s.) Fred Keup.*

Ech kommen elo nach schnell zum Schluss an da kommen ech och ganz schnell zu deem Gesetzesprojet, dee jo och just aus e puer Zeile besteet. Mir wäerten als ADR dergéint stëmmen, an dat mat der Begrënnung, dass dëst Gesetz eigentlech ze wäit geet, vu all dat, wat geschitt ass.

Mir hätten eng Deelfinanzéierung vun der SuperDrecksKëscht bis 2022/2023 matgedroen, fir de Fonctionnement vum Lëtzebuerger Recycling ze garantéieren, mee déi Zäit hätt misse fir en Neufank mat enger frëscher Ausschreibung genotzt ginn. Esou bleift dee potenziell

eventuell a warscheinlech feelerhafte System souguer iwwert dës Regierung eraus nach erhalen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Keup. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, dës Debatt vun haut iwwert d'Spezialgesetz fir de Finanzement vun der SuperDrecksKëscht ass bis ewell dat lescht Kapitel an enger Affär, déi viru gutt 18 Méint ugefaangen huet, Wellen ze schloen. Et ass awer sécher net de Schluss vun dëser Affär, déi eis politesch sécher weider beschäftege wäert, well ze vill Froen, juristescher, finanzieller wéi och politescher, bis haut net gekläert sinn.

Ech ginn a menger Ried op dës dräi Froekomplexer an. Ech fänken u bei deem rezenten Deel, also dem Spezialgesetz vun haut, dat sech opgrond vun zwee juristeschen Avisen, ee vun der Cellule scientifique aus der Chamber an ee vun Jurist Alain Steichen, als onëmgänglech erweisen huet.

Ech kommen duerno op déi finanziell Froen ze schwätzen, déi an eisen Aen déi ganz Approche vun der Regierung an dësem Dossier an Zweifel zéien an och en droende Grond fir eis sinn, fir dëst Gesetz hei net matzestëmmen.

Um Enn ginn ech dann nach op eng Partie méi politesch Iwwerleeungen an a knäppen do dann och direkt un dat un, wat mir och bei den Offallgesetzter scho soten.

Virewech wëll ech awer soen, dass mir als déi Lénk net d'SuperDrecksKëscht als solch wëlle kritiséieren, well d'Trennung an d'Entsuergung respektiv de Recyclage, mee nach vill besser d'Vermeidung vun Offäll a besonnesch vu problemateschen Offäll mat héijem ökologeschen Impakt bei Produktioun an Entsuergung ass e wichtege Pilier vun der ökologescher Transformatioun vun eise Produktiouns- a Liewensweisen.

Mir mengen awer, dass d'Ausféierung vun dësen Aufgaben net an d'Hänn vu Privatfirme gehéiert, déi an alleréischter Linn op der Sich no neie Marchésparten a Profitter sinn, well dëst fréier oder spéider zu Kontradiktiounen féiert. Den Dossier SuperDrecksKëscht enthält eng Partie esou Kontradiktiounen.

Här President, d'juristeschen Avisen, déi eis Enn 2021 iwwert d'SuperDrecksKëscht virgeluecht goufen, ware sech eens an hirem Constat, nämlech dass d'Aktioun SuperDrecksKëscht bis haut keng rechtlech Grondlag huet, well bis elo nach ni e Spezialgesetz gestëmmt ginn ass, dat der Regierung et erlaabt, e gewëssene Budget fir d'Ausféierung vun der SuperDrecksKëscht ze engagéieren.

Deemno ass d'Schlussfolgerung, dass de Kontrakt vun 2018, deem den Ëmweltministère mat der Bedriewerfirma Oeko-Service Luxembourg, O.S.L., geschlossen huet, guer keng rechtlech Grondlag huet an d'Ënnerschrëft vun der Ëmweltministesch op deem Kontrakt och juristesche iwwerhaapt net belaauschtbar ass. An Absenz vun engem Spezialgesetz sinn déi vergaangen Ausgaben, déi am Kader vun dësem Kontrakt säit véier Joer gemaach gi sinn, also e Verstouss géint d'Verfassung.

Dat, wou d'Meenunge vu béiden Avisen ausernee-ginn, betrëfft d'Konsequenzen, déi elo doraus ze zéie sinn. D'Cellule scientifique ass der Meenung, dass e Spezialgesetz – an ech vereinfachen et elo – de Kontrakt mat O.S.L. am Nachhinein regulariséiere kéint. Dat ass eng séier an einfach Approche, déi sécher der

O.S.L. am meeschten entgéintkënnert a wuel och dem Ëmweltministère am beschten an de Krom passt. Dofir war och ganz séier kloer, dass d'Regierung op dëse Wee géif goen.

Här President, den zweeten Avis vun Maître Alain Steichen seet awer eppes ganz aneres. Vu dass d'Ministesch guer keng Capacité juridique hat, fir dëse Kontrakt ze ënnerschréien, hätt dësen och keng rechtlech Grondlag a wier also ongëlteg. Dowéinst misst net nëmmen e Spezialgesetz gestëmmt ginn, mee op Grondlag vun dësem Spezialgesetz, nodeem d'Chamber also de Finanzement guttgeheescht huet, en neie Kontrakt mat der Bedriewerfirma ausgehandelt ginn.

Fir eis ass dës Argumentatioun stéchhalteg. Engersäits schéngt se eis juristesche d'Strooss ze halen, anersäits seet engem awer och de gesonde Mënscheverstand, dass de Staat jo net ka Geschäftspartner hunn, ouni dofir déi rechtlech Grondlag ze hunn, a wann dat ofpält, da stëmmt een d'gesetzlech Grondlag einfach no! Do gëtt sech dann d'Realitéit einfach dann esou gebéit, well se der Regierung an O.S.L. am beschte passt.

Dat géif heeschen, dass d'Regierung mécht, wat se wëllt. A wann d'Chamber, d'Press oder aner gesellschaftlech Acteuren op e Mëssstand opmierksam maachen, da gëtt d'Chamber gefrot, fir e Gesetz no-zestëmmen, esou wéi wann d'Chamber net den éischte Pouvoir wier, mee iergend esou eng nogeuerdent Kummer, déi der Regierung an hirem Schalten a Walte just de Réck fräizehalen hätt. Mee wie wonnert dat, well de Premier huet jo och op hirem Nationalkongress gesot, ech zitieren: „datt mer hei vu kengem Lektione brauchen, och net an der Chamber“.

Wa mer iwwert de Kontrakt respektiv iwwert d'Aushandele vun engem neie Kontrakt schwätzen, da stellt sech natierlech och d'Fro vun der neier Ausschreiwung. Dës Ausschreiwung gëtt, entre autres, op der Basis vum SuperDrecksKëscht-Gesetz vun 2005 gemaach, dat de Kader vun der SuperDrecksKëscht festleet.

Zu dësem Gesetz stinn och eng Partie Froen am Raum, déi an der Press an och am Audit am Summer 2021 opgeworf goufen a bis elo nëmmen deelweis beäntwert gi sinn. An hei stousse mer dann op eng weider Rei vu Froen an Aspekter, déi mir als Deputéiert net ofschléissend bewäerte kënnen, well mir kee kompletten Abléck an d'SuperDrecksKëscht hunn.

Vill vun den Aktivitéiten vun a ronderëm d'SuperDrecksKëscht verschwannen an de Bilanze vun der Bedriewerfirma O.S.L., déi och den Audit net konnt agesinn, wouduerch et eis nach méi erschwéiert gëtt, d'Spezialgesetz isoléiert ze betruechten an net op dee ganze Komplex hei anzugeen. D'Madamm Ëmweltministesch konnt sech zwar nom Audit vun 2021 an d'Ëffentlechkeet stellen a soen, dass keng Irregularitéiten fonnt gi sinn. Dat ass awer och net verwonnerlech, wa guer net konnt no Irregularitéiten gesicht ginn!

Här President, ech ginn elo net am Detail op all déi Aspekter an, déi eis bei der Ausféierung vun der SuperDrecksKëscht problematesch erschéngen. Ech beloossen et bei folgende Punkten:

Oeko-Service Lëtzebuerg, déi fir d'Ausféiere vun der Aktioun SuperDrecksKëscht den Zouschlag huet, gehéiert Persounen, déi eng Partie aner Entrepreneuren am Beräich vun der Offallgestioun zu Lëtzebuerg géieren, déi selwer bestëmmt Aufgaben am Aktionskader vun der SuperDrecksKëscht iwwerhuelen.

D'finanziell Fluxen tëscht O.S.L. an dësen Entrepreneuren entziehe sech awer dem Wësse vun der Chamber, well

se am Audit net gekuckt konnte ginn. Dat ass awer zentral, well déi Entrepreneuren Aufgaben iwwerhuelen, déi integral vum Staat finanzéiert ginn an deementsprechend och vun der Chamber musse kënnen kontrolléiert ginn.

Donieft bedreift O.S.L. SuperDrecksKëscht-Offleeër-Entrepreneuren am Ausland, déi och net am Audit berücksichtegt goufen. Mir wëssen also näischt iwwert d'Transfertspräisser an doriwwer, wéi eng Firma wéi eng Depensen a Recettë verrechent huet. Och hei steet d'Ausso: De Staat finanzéiert a muss dat wëssen!

Dorunner uknäppend stellt sech d'Fro vun de SuperDrecksKëscht-Marken, déi geschützt a bis elo vun O.S.L. gehale goufen. D'Regierung huet dës Marken elo zréckgehol, e Virgang, deem elo virun enger Woch ofgeschloss ginn ass. Mee d'Fro stellt sech awer, wéi een Interessi d'O.S.L. hat, fir SuperDrecksKëscht-Franchisen am Ausland ze grënnen, wann net, fir Profitter mat engem staatleche Label ze maachen.

D'SuperDrecksKëscht hat iwwer Jore keng seriö GouVERNANCE, well de Comité de pilotage a senger Zesummesetzung dëser Aufgab och guer net ka gerecht ginn. Aus dësem Grond soll jo elo de Comité d'accompagnement, dee scho bestanen huet an och an der Vergaangenheet schon op Mängel opmierksam gemaach huet, erëm agesat ginn, wat eng gutt Saach ass.

D'Ausschreiwung vun der SuperDrecksKëscht ass op Basis vum Gesetz vun 2005 geschitt, dat jo bestëmmt Ausschlosskrittäre virgesäit, un déi sech bei der Vergab, wann een d'Aussoen dozou am Audit liest, scheinbar net gehale ginn ass. Zumindest ass et fir eis haut net méiglech, fir sécher dervunner auszegoen, dass dës Marché och korrekt ofgelaf ass.

All dës Aspekter, déi sech mat verschiddene Beispiller deelweis op méi Plazen am Audit och erëmfinden an zum Deel och vun der Press un d'Liicht bruecht goufen, bestärken eis an eisem Nee zu dësem Spezialgesetz, wat hei virläit.

Här President, mir hunn et also hei mat engem Finanzéierungsgesetz ze dinn, dat e Kontrakt retroaktiv soll legaliséieren, deem de Staat mat enger Privatfirma ofgeschloss huet, fir en Deel vun der ëffentlecher Missioun vun der Offallgestioun ze iwwerhuelen. Dëse Kontrakt a wéi en zustane komm ass werfen awer e Rateschwanz u fundamentale Froen ronderëm onduersichteg Firmegeflechter a Finanzstréim an eng lächerlech Gouvernance a Buchféierung op.

Fir eis ass kloer: Dëst kann net einfach elo esou widerlafen! Wann d'Gesetz awer gestëmmt wäert ginn, wouvu mir jo ausginn, da léift dës Business awer einfach esou weider!

Natierlech ginn e puer Recommandatiounen aus dem Audit opgegraff an da vläicht och ëmgesat. Mee fundamental wësse mer haut net vill méi mat Sécherheet wéi virun engem Joer. D'Fro bleiwe gréisstendeels ongekläert. Mee mir kréien hei awer elo séier e Gesetz virgeluecht, dat eigentlech seet: „Nothing to see, please keep walking!“ Dofir ass et fir eis ganz evident, dass mir d'Fuerderung no enger Enquêtekommission matënnerstëtzen, fir dass mer dann iwwert dee Wee e kompletten Abléck a Kloerheet an dësem Dossier kënnen kréien.

Här President, zum Ofschluss wëll ech nach e bëssi méi wäit aushuelen an dës Affär SuperDrecksKëscht an dee méi breede politesche Kontext setzen. An éischter Linn ass d'SuperDrecksKëscht oder villméi d'Ausféierung vun der Aktioun SuperDrecksKëscht eng Privatiséierung vun enger Aufgab, déi fir eis an de Service public fält. Dëst bréngt eng Rei Problemer mat sech. De Staat engagéiert hei e Budget mat säftegem Opschlag vu 15 % par rapport zu der leschter Kéier a vergëtt deem



Optrag, dee mat dësem Budget vun 112 Milliounen Euro zesummenhängt, un eng Privatfirma. De Budget u sech ass natierlech schwéier ze bewäerte fir eis Deputéiert, och alt erëm well mer keen Abléck an d'Finanzen an an d'Verrechne vun de Leeschtungen hunn.

Allerdéngs schéngt eis d'Argument vun der wuessender Bevëlkerung fir dëse méi héije Budget net korrekt ze sinn. Ass et nämlech net eigentlech esou, datt d'Zilsetzung jo awer déi soll sinn, de Volumen un Offäll trotz wuessender Bevëlkerung ze reduzéieren, wat da jo awer éischter falend Ausgabe misst bedeiten? Ass et donieft net och esou, datt d'Responsabilitéite vun de Produzente beim Droe vun de Käschte vun Entsuegung a Reprisë verstärkt gi mam leschten Offallgesetz? A misst dat dann net heeschen, dass de Staat an also d'Allgemengheet manner Sue misst ausgi fir d'Entsuegung vum Offall?

Hei besteet fir eis eng Kontradiktioun tëschent Wuessensbestriewe vun enger Entreprise engersäits an der ekologescher Necessitéit anerersäits.

Doriwwer eraus besteet hei och e fundamentalen demokratesche Kontrollproblem. Eng ëffentlech Verwaltung oder staatlech Acteure mussen hir Bicher op Demande oppeleën a kënnen also kontrolléiert ginn. Dysfonctionnemente kënnen, mussen awer net ëmmer erkannt a behuewe ginn. Ech erënneren hei un de Fonds du logement, dee komplett auditéiert ginn ass a wou duerno eng komplett Reorganisatioun virgeholl gouf.

Hei kréie mir elo gesot, datt d'Chamber keen Abléck an eng Privatfirma kéint kréien. Hei priméiert also erëm de privaten Interessi iwwer den allgemengen Interessi.

Donieft ass och d'Fro vun der Verantwortung schwéier ze klären. En Dysfonctionnement an engem Ministère oder engem ëffentlechen Déngscht ass d'Verantwortung vum Minister. Wann en Dysfonctionnement bei enger Privatentreprise virkënnt, da ka sech de Ball op oniwiersiichtlech Terrain hin an hier zougespillt ginn.

D'privat Ausféierung vun der SuperDrecksKëscht am legalen an ekonomesche Kontext, deen ech a verschidener vu menge Virriedner erkläert hunn, bedeit iwwerdeems, dass de Verdacht vu Favoritismus an Ofspiroochen engersäits an de Virwurf, dass an éischter Linn méiglech vill Profit fir d'Firmebesëtzer sollen erausspringen, ni aus der Welt wäerte kënnen geschafe ginn, well wann eis den Dossier SuperDrecksKëscht eppes weist, dann dass d'Offall- a Ressourcëgestioun ëmmer méi zu engem lukrativen Geschäft gëtt an dës Entwécklung Gefore mat sech bréngt, an déi mer elo hei en éischten Abléck kritt hunn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschtenen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Här President, ech mengen, mir brauche geschwéi méi e grouss Riednerpult bei esou wichtegen, groussen Dossieren.

Haut diskutéiere mir net just iwwer 112 Milliounen, an dës Säit stëmmt dem Gesetzestext jo warscheinlech zou, mee mir diskutéieren och iwwer ganz vill juristesche Diskussiounen, déi warscheinlech nach fir ganz vill juristesche Akte wäerte suergen.

Et ass haut wuel och e Vott mat Potenzial fir d'Geschichtsbicher, souwuel vun der Chamber wéi vum Land, well et ass mir net bekannt, dass iergendee Vott stattfonnt huet, wou esou vill Feeler an Onreegelméissegkeeten am Viraus scho bekannt waren an

dat hei legaliséiert ginn ass. Et deet mer och leed fir d'Ministesch. Et ass wuel dee schlechteste Start, deen een als nei Ministesch kann hunn!

Vun der moralescher Astellung an dem feelende moralesche Kompass vun der Regierung an dësem Dossier mol nach guer net ze schwätzen. No de schlechten Opdrëter an der Ëmweltkommissioun, der Taktik, méiglech vill ze verheemlechen, sou wéi eng wuelbekannte Salomitaktik, wat nach ni fonctionéiert huet, läit haut en Text hei, dee juristesche net d'Strooss wäert halen!

Dir wëllt hei nämlech, jo, e Skandal, en Dysfonctionnement réckwierkend per Gesetz legaliséieren, dat, nodeems Dir och hei scho vun Ufank un eis, jo, der ganzer Opposition, net nogelauschert hutt an et op en Avis an der Chamber ukomme gelooss hutt, anstatt direkt an am Viraus ze handelen. Alt nees waart Dir gezwongen ze handelen. Mee anescht verstëtt Dir et wuel net!

Dir hutt jo och net de beschte Beroder an der Ëmweltkommissioun, wat dat ubelaangt. Déi fréier Ministesch kann Iech dovun e Liddche sangen!

De SuperDrecksKëscht-Skandal hätt Der Iech nämlech kënnen spueren, andeems Dir, wéi d'Gesetzer et virgesinn, de ganzen Dossier einfach fir haut nei ausgeschriwwen hätt. Dat wär propper gewiesch an dat hätt Gréisst gewise vun allen Acteuren.

Duerch all meng Recherchen – an dofir ass d'Pult net grouss genuch, et ass en décken Dossier mat iwwer 500 Säiten a mat ganz ville Gespréicher vun Informanten souwéi Journalisten – sinn ech zur eendeiteger Schlussfolgerung komm, dass hei Favoritismus a Korruptioun dran ass.

Dat léisst sech och doraus schléissen, wéi e Firmegeflecht opgebaut ginn ass, wat de Staat ëm Milliounen bedrinn huet, an dat Firmegeflecht wäert elo dank 31 Stëmme kënnen weidermaachen. Dir stëmmt also haut ganz bewusst doriwwer of. An Dir hutt déi selwecht Dokumentatioun kritt wéi mir als Opposition: eng falsch! Eng strofbar Ausschreiwung ze legaliséieren, dat ass den zweete Skandal!

31 Deputéiert ginn instrumentaliséiert vum fréieren Direkter vun der Ëmweltverwaltung, dem Robert Schmit, souwéi dem Hans-Peter Walter a sprange genauou duerch de Reef, wéi déi zwee sech dat gewünscht hunn. Du jammais vu an der Lëtzeburger Politik, en negativen Akt fir eis Geschichtsbicher!

De Robert Schmit, an der Funktioun als Direkter vun der Ëmweltverwaltung, huet sengem gudden Kolleg, dem Pätter vu sengem Kand, dem Hans-Peter Walter, eng perfekt op hien zougeschnitten Ausschreiwung vermaacht. Ufanks 90 Milliounen, an elo 122 Milliounen (veuillez lire: 112 Milliounen).

Dat Ganz ass e Blankoscheck vum Staat, fir Geld ze drécken, duerch e raffinéiert Firmekonstrukt. Well de Walter huet zeg Firmen ënner sech, déi all fir déi selwecht Beräicher zoustänneg sinn, an e konnt der SuperDrecksKëscht esou Facturen ausstellen, an de Staat ass nach esou domm an e bezilt brav!

Et iwwerrascht mech dann och net, dass laut Audit de Robert Schmit dem Walter seng Facturen iwwerpréift huet an déi weiderginn huet a fräiginn huet.

An der Kommissioun hunn ech dofir nogefrot, ob de Staat dann an Tëschenzäit déi Montanten iwwerpréift, esou wéi de Maartpräis dat eebe géif hierginn, well soss ka jo de Firmekonstrukt Walter egal wéi eng Präisser berechnen a sech domm an dämlech verdéngen. Ben, hei en Auszuch aus dem Rapport, wat ech als Äntwert krut: „aucune raison de douter [...] les prix facturés“. Voilà.

Dat heescht, Dir stellt Iech mol net d'Fro, ob déi Präisser vun deem Firmekonstrukt iwwerhaupt korrekt sinn. Dat sot d'Ministesch mir ganz offiziell an der Kommissioun. An no all den Informatiounen, déi virleien, hutt Dir et nach ëmmer net fir néideg fonnt fir ze kucken, ob déi Facturen, déi ausgestallt ginn, dem normale Präis vum Marché standhalen. Dat ass de Problem. Verstëtt Der? Dat ass de Problem. Dee kann nämlech egal wat an deene Facturë berechnen, wann en dat passend Firmegeflecht huet. Bon, dat ass soss och néierens esou am Staat ze fannen.

Mee zur neier Ministesch. Ech hat Iech jo an der Kommissioun gefrot, wat d'Ministesch da wousst am Kader vun hirer Funktioun als Directrice adjointe. Well bekanntlecherweis waart Dir jo zum Zäitpunkt vun der Ausschreiwung op deem Posten. Als Äntwert krut ech: „Näischt dermat ze dinn. Ech wousst vun näischt.“ A well ech e feine Mënsch sinn an un éierlech Leit gleeuwen, hunn ech dat och esou ugeholl. Mee et stäerkt awer ëmsou méi meng Theorie, dass de Robert Schmit soumat fräi Hand hat an alles konnt selwer entscheeden, dem Kolleg Walter et zouschousteren. Wann d'Directrice adjointe also näischt matkrut, jo, wien hätt da sollen am Ministère eppes matkréie vun deene Machenschaften?

Just, bei menge Recherchen no der Kommissiounssëtzung – an et waren der vill! – ass mir awer dunn opgefall, dass am Audit vu Muller & Associés och d'Madamm Welfring gefrot ginn ass, fir am Audit auszesoen.

Och wann ech Iech, Madamm Ministesch, gleewen, dass Dir guer näischt matkrut vun de Machenschaften vum Robert Schmit souwéi dem Dossier SuperDrecksKëscht – ech si jo nach ëmmer dee feine Mënsch –, fannen ech et awer komesch, dass am Audit och Leit ausgesot hunn, déi awer guer näischt dovun woussten a soumat och näischt dozou konnte bäidroen. Komeschen Zoufall awer!

Hei steet ëmmerhin am Raum, dass de Walter e beschten Drot an d'Verwaltung hat an do konnt Geld wéi am All Inclusive ofzapen op Käschte vum Steierzueler. Mee bon.

D'Ministesch an hir Beamten hunn och steif a fest behaapt an der Kommissioun, just vun zwou Firmen ze wëssen, dat trotz e puer Réckfroen. Hei dann emol fir Iech de Scheema vum Firmegeflecht, da ka sech all Bierger dobausse selwer Gedanke maachen, wéi kompetent déi Verwaltung an der Kontroll ass, wa se behaapt, et wäert just zwou Firmen, déi a Relatioun géife stoen.

*(M. Marc Goergen montre une documentation.)*

Well der Verwaltung, bewusst oder onbewusst, ass wuel och net opgefall, dass ee sech 1,5 Milliounen Dividend erausgezunn huet aus der O.S.L. 1,5 Milliounen an engem Joer Dividend erausgezunn, de Walter aus der O.S.L.!

*(Interruptions)*

Jo, dat ass esou an Ärem Audit ganz beluecht.

**Une voix** | Nieft der Pai!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Nieft de Paien, nieft alles. 1,5 Milliounen Dividend!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat gëtt e bësse Botter fir op d'Kuuscht, ne?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | A wéi een esou schéin an de Bilane liese kann, ëmmer nach eng Linn, an dat kënnt all Joer zrëck: „zur Reduzierung der Vermögenssteuer“. Sou. Dat ass den Hummer! De Staat bezilt iwwer Steiergelder där O.S.L. Milliounen, de Mann verdéngt sech domm an dämlech, mee e kuckt

awer, wéi en d'Steiere ka verhënnere. Déi Steieren, déi e misst bezuelen, kuckt en am Bilan d'Vermögenssteuer ze ëmgoen. Bon, Dir legaliséiert dat jo haut.

Mee do ass jo och nach d'Fachpersonal & Service GmbH am Saarland, wou O.S.L. 90 % vun de Parten huet. Bon, do konnt och kee mer erklären, ob Der iwwerpréift hutt, ob déi Fachpersonal-Gesellschaft aus dem Saarland – si gehéiert jo O.S.L. – dann och Personal bëlleg verrechent fir Lëtzebuerg. Préift keen! Interesséiert keen! Allez hépp, deen huet jo bestëmmt déi Firma fir op de Chrëschtbeemchen!

Zum Firmegeflecht kéint ech nach viles zielen an alles opleeën, mee bekanntlech hunn ech déi Zäit jo net. Dofir verweisen ech op piraten.lu, wou mer e ganz detailléierten Avis souwéi dat ganz Firmegeflecht an all d'Informatiounen transparent zur Verfügung stellen, an op d'Pressekonferenz iwwernächst Woch.

Eng aner Klausel sinn déi Frigoen, wou Ecotrel och muss mam Walter, der SuperDrecksKëscht, zesummeschaffen, wou de Walter per Zoufall erëm eng passend Firma parathält. Et gëtt lauter esou Zoufall! Dat huet d'„Wort“ jo elo des Woch nach eng Kéier un d'Liicht bruecht. An – oh Wunder! – seet laut „Wort“ de Kontrakt, dass Ecotrel do muss mat der SuperDrecksKëscht zesummeschaffen, mat der O.S.L., an ënnerschriwwen ass e vum fréieren Direkter, dem Robert Schmit. Et gëtt einfach esou vill Zoufall!

An do wär ech bei der Korruptioun souwéi dem Interessekonflikt. Den Audit wéi och d'Verwaltung hunn direkt op e puer Plaze bestätegt, dass de Fils Schmit, de Jong vum Robert Schmit, duerno bei der SuperDrecksKëscht Akademie op engem feste Posten agestellt ginn ass. Den Direkter vun der Verwaltung, deen deemools 90 Milliounen, elo 112 Milliounen, verginn huet, Ausschreiwunge genau esou formuléiert huet, dass se passen, esou vill zougelooss huet, krut duerno am Géigenzuch säi Bouf agestellt.

Dat ass en Element, wat public ass. Mee wat géif d'Justiz nach alles fannen? Fänke mir beim Code pénal un. Artikel 245 – an ech mengen, Dir kennt d'Bichelchen alleguer –, ...

(M. Marc Goergen montre le Code pénal.)

... wou ganz kloer steet: „Toute personne chargée d'une mission de service public“, wa se en „intérêt quelconque“ huet, „sera punie d'un emprisonnement de six mois à cinq ans“. Mir schwätzen hei net vun egal wat. Dir kënnt Iech de Code pénal nach eng Kéier ukucken, Artikel 245.

Den Artikel ass ganz kloer. Ech hunn dat och an der Kommissioun schonn ugedeit. Wat krut ech dann dunn als Äntwert? Jo, dee Mann, den Direkter vun der Ëmweltverwaltung, wär jo dann an deem neien Ad-hoc-Komitee ee vu véier gewiescht. Jo, ech als Laiejurist weess awer: Och fir ee vu véier gëllt nach ëmmer de Code pénal. An domadder ass et nach ëmmer juristisch relevant. Et kann een net einfach soen, wéi déi Excuse, déi ech vun der Ministesch krut an der Kommissioun, do wär jo näischt, et wär keen Interessekonflikt, et wär ee vu véier gewiescht, obwuel deen all d'Dossieren traitéiert huet. Et kann ee mer jo viles zielen herno, et wäeren déi aner dräi gewiescht, déi et entscheet hunn. Nee, dee war mat dran. De Code pénal gëllt. Fäerdeg!

Dofir hunn ech och eng Motioun matbruecht – déi ginn ech Iech herno nach –, fir dee ganzen Dossier nei auszeschreiwen.

### Motion 3

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– den Avis juridique vum 15. Juni 2022 (ze fannen op [www.piraten.lu/dossiersdk/](http://www.piraten.lu/dossiersdk/)) liwwert eng detailléiert

Analys iwwert de Finanzement vun der Aktioun SuperDrecksKëscht;

– den Artikel 99 vun der Verfassung gesäit vir, dass all Ausgab vun iwwer 40 Milliounen Euro Objet vun engem separate Finanzéierungsgesetz muss sinn;

– de Kontrakt vum 2. Januar 2018, deen den Ëmweltministère fir d'Aktioun SuperDrecksKëscht mat der Firma Oeko-Service Luxembourg S.A. (O.S.L.) ënnerschriwwen huet, kascht méi wéi 40 Milliounen Euro a muss deemno per Spezialgesetz vun der Chamber accordéiert ginn;

– de Kontrakt vum 2. Januar 2018 gouf an Ofwieseneheet vun engem Finanzéierungsgesetz vum Ëmweltministère ënnerschriwwen. D'ofgeännert Gesetz vum 25. Mäerz 2005 iwwert d'Fonctionnement an d'Finanzéierung vun der Aktioun SuperDrecksKëscht ass kee Spezialgesetz am Sënn vum Artikel 99 vun der Verfassung, well kee präzise Montant an deem Gesetz festgehale ass;

– d'Finanzéierung vum Kontrakt, deen den Ëmweltministère 2018 ënnerschriwwen huet, hätt missen am Aval vun der Chamber approuvéiert ginn, an dat war net de Fall;

– den Artikel 2 vum Code civil gesäit vir, dass: „La loi ne dispose que pour l'avenir; elle n'a point d'effet rétroactif.“ De Gesetzesprojet 7950 kann net nodréiglech d'Situatioun vum Kontrakt vun 2018 regulariséieren;

– de Kontrakt, deen den 2. Januar 2018 tëschent dem Ëmweltministère an der Firma O.S.L. ënnerschriwwen gouf, ass deemno ongëlteg.

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

1. de Kontrakt vum 2. Januar 2018 tëschent dem Ëmweltministère an der Firma O.S.L. opzeléisen;

2. nach dëst Joer eng nei ëffentlech Ausschreiwung fir d'Aktioun SuperDrecksKëscht ze maachen.

(s.) Marc Goergen.

Well nieft deem dote Problem stellt sech och nach ëmmer d'Fro, ob een iwwerhaupt dierf nodréiglech esou e Kontrakt guttheeschen. Do sinn d'Juriste sech net eens, dat ginn ech och zou. D'Cellule huet et méi soft formuléiert. De Maître Steichen huet et gesi wéi och eise Maître Heisten, dee mir ëm en Avis gefrot hunn, dee mer Iech elo ausgedeelt hunn, dass een hei misst nei ausschreiwen. Dat baséiert op europäeschen Direktiv souwéi den aktuelle Lëtzeburger Gesetz.

Et ass net, well een an der Vergaangenheet Gesetzer esou gebéit huet, dass kee geklot huet – huele mer Max Planck –, dass dat elo op eemol legal wär. Dat geet net esou einfach.

Mee, Madamm Ministesch, ech kann Iech just soen: Sicht Iech en anere Beroder an esou Dossiere wéi de President vun der Ëmweltkommissioun. Seng Bilanz, fir d'Ministesch ze schützen oder gutt ze beroden, wann et ëm kriddeleg Dossiere geet, ass bekanntlech ganz schlecht. A mir wëlle jo awer alleguer, dass Dir eis nach erhale bleift, zumindest bis Oktober d'nächst Joer.

Ech hunn Iech elo ganz kloer a kuerzer Zäit opgeléicht – an ech maachen nach den Depot vun de Motiounen a Proposen –, wéi Dir kéint aus deem Skandal, deen Dir Iech selwer agebrocht hutt, erëm erauskommen. Bon, kommt, mer soen esou: déi gréng hunn en agebrocht an déi zwou aner Regierungsparteie setzen elo mat dran.

An hei och nach eng Motioun, mat där mir froen, dass den Audit soll ausgebaut ginn, fir d'Firmegeflecht souwéi d'Finanze vun der O.S.L. an de Walter-Firmen ze iwwerpréiwen.

### Motion 4

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– am September 2021 goufen d'Analysen zur Aktioun SuperDrecksKëscht vu „Muller & Associés“ virgestallt;

– d'Auditeure vun der Aktioun SuperDrecksKëscht hate keng Asiicht an d'Bilanz vun O.S.L. an hunn och net déi Sous-traitanté vun O.S.L. ënnersicht, déi (ganz oder zum Deel) dem selwechte Bénéficiaire effectif gehéieren;

– an der Presentatioun vum Audit ass ze liesen: „Ce rapport ne constitue pas un audit selon les normes internationales d'audit, ni un examen limité.“;

– an der Presentatioun vum Audit ass ze liesen, dass den Auditeuren den Accès zu wichtige finanzielle Mouvementer vun O.S.L. gefeelt huet. Dorënner ënnert anerem d'Dividendes payés, d'Corrections de valeur au niveau des participations an d'Comptes courants entre sociétés liées.

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– een Audit an Opdrag ze ginn, deen den internationalen Normen entsprécht an all déi uewe genannte Punkten ënnersicht.

(s.) Marc Goergen.

Am éischten Audit gouf bekanntlech guer näischt iwwerpréift. Dat steet och ferm esou am Audit. Si hu keng finanziell Konstrukter gekuckt. Si hu keng Firmekonstrukter gekuckt. Bon, du krut een och dat Resultat, wat ee wollt.

Am grouse Ganzen ass deen Dossier hei voll mat Dysfonctionnement, wou an eisen Aen, egal wéi eng eedel Missioun d'SuperDrecksKëscht huet, déi haut net dierf 112 Milliounen gestëmmt kréien.

Dofir wäerte mir Piraten och géint dese Projet haut stëmmen. Merci.

M. Sven Clement (Piraten) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert. D'Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring.

### Prise de position du Gouvernement

Mme Joëlle Welfring, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Här President, Dir Hären a Fraen Deputéiert, gudden Owend alleguer. Et geet haut ëm e Projet de loi iwwert d'Finanzement vun der SuperDrecksKëscht. Dësen Dossier SuperDrecksKëscht ass keen einfachen, an ech hunn e vun aacht Virgängerregierungen, wann ech richtig gezielt hunn, geierft. Dat heescht, et ass eng Geschicht, déi scho ganz laang zrëckgeet an an där ech an deem Haus an och op anere Plaze vill Luef héieren hunn an och vill Kritik. An déi Kritik wëll ech ganz, ganz eescht huelen. Dat ass wierklech eng gutt Saach, an ech sinn och frou, dass mer heiriwwer kënnen diskutéieren.

Déi Kritikpunkten – mir hu se alleguer héieren, ech wëll awer och nach eng Kéier drop agoen – dréien haaptsächlech ronderëm véier Voleten, an dat sinn: d'SuperDrecksKëscht selwer, d'Finanzéierungsgrondlag, d'Ausschreiwung an d'Gestioun vun dëser Aktioun. Dofir wollt ech och a menger Ried op déi véier Punkten agoen.

D'Aktioun SuperDrecksKëscht selwer. Den Här Roth huet virdu gesot: „Dat ass e gudden Projet“, an ech si mat em averstanen. An et si vill Leit, déi dat och mengen, dass dat e Projet ass, dee mer brauchen an deen och gutt ass. Souwuel vun de Betriber wéi vun de Bierger kréie mer dee Feedback, net zulescht och am Avis vun de Chambre-professionellen.



Nämlech ass d'SuperDrecksKëscht mat hiren Aktiounen an och well se esou breet sinn an och vernetzt sinn an hiren Aktiounen, dat heescht, dass se wirklech beroden, de Metier kennen an och d'Offallgestioun maachen, dat gëtt hinnen deen Knowhow, deen och gebraucht gëtt, fir déi Berodung, déi muss gemaach ginn, an och déi wichteg Weiterbildung, zum Beispill fir Recyclingszentren, gutt ze maachen. Et ass also e wichtege Piliere vun der nationaler Offall- a Ressourcégestioun.

D'Aktioun SuperDrecksKëscht, Dir wësst, ass eng Aktioun vum Ëmweltministère a gëtt vum engem externe Bedreiwler ausgefouert. An deem Fall ass dat d'O.S.L. An déi huet sech entwéckelt an de leschte Joren. Et goufen nei Projete u se eruedroen, esou zum Beispill och Innovatiounsprojete, wéi de Projet an de Residenzen, wou vill Leit beienee wunnen a wou net vill Plaz ass, fir Offäll ze sënneren. Do hu si eng clever Method entwéckelt, fir dat wirklech gutt ze maachen, an dat ass och vun der Kommissioun als Best Practice identifizéiert ginn.

De Projet Ecobox gouf schonn évoquéiert. Dat ass och e Beispill vum engem Projet, dee vun der EU ausgezechent gouf, well do geet et drëm, Iessensreschter net ze verbëtzen, mee se kënnen mat heem ze huelen. Dat sinn déi gréng Këschten, déi Der warscheinlech all kennt.

Voilà. Informatioun, Sensibiliséierung, do si mer drop agang. SDK Akademie, deen Numm kann een interpelléieren, mee et geet dorëms, Weiterbildungen unzëbieden fir Betriber, awer och, wéi gesot, fir Recyclingszentren. Dat ass en Eventail vun Aktivitéiten, déi extreem wichteg sinn an déi eis all weiderbruecht hunn an dëser Gesellschaft.

D'Betriber fannen d'SuperDrecksKëscht och wichteg. Net zulescht am Wirtschaftsbarometer vun der Chambre de Commerce war ze liesen, dass 50 % vun de Betriber d'SuperDrecksKëscht-Service benotzen. Also iwwer 5.450 Betriber an Institutiounen gi vun där Aktioun begleet, dat heescht beroden, an dat sinn ongeféier 60 % vun de Beschäftigten hei am Land. D'Betriber profitéieren domadder vun enger Basisberodung fir Offallgestioun a kréien domadder och d'Méiglechkeet, Suen anzespieren, well se manner Ressourcë verbëtzen.

A wat awer och erauskënnt aus eise Bilanzen, ass, dass 80 % vun deene Betriber awer net vun deem Service payant profitéieren, deen d'SuperDrecksKëscht och ubitt. Dat steet och an hirem Gesetz dran, dass se dat kënnen maache fir kleng Betriber a kleng Quantitéiten vun Offäll. Dat ass eppes, wat just vun enger klenger Zuel vu Betriber benotzt gëtt. Da kann also hei net vun engem Monopol geschwat ginn an deem Kontext.

Zur Finanzéierungsgrondlag – ech mengen, et ass e puermol gesot ginn –: Mir sinn a kenger gudder Situatioun, an déi Situatioun ass och net nei. D'Cellule scientifique vun der Chamber huet an hiren Note de recherche an an den uschléissenden Diskussiounen, och am Kader vun der Budgetkontrollkommissioun am Januar, gesot ..., an do koum een och zum Schluss, dass dat 2005er-SuperDrecksKëscht-Gesetz net den Ufuerderunge vum Artikel 99 vun der Verfassung entsprécht. Deen Artikel beseet eeben, dass een heifer e spezifeschen Objet brauch fir e Gesetz an och, dass e ganz konkrete Montant muss drästen. Dat ass béiden net de Fall. Mir sinn eis also eens: Dat war bis elo net richtig.

An dofir hu mer och deen heite Gesetzesprojekt elo virleien. De Staatsrot, deen och d'Konformitéit zur Verfassung prüft, huet dëse Projet den 10. Mee positiv aviséiert a keng Opposition formelle ausgesprach.

Et geet also drëm, den aktuelle Kader mat engem Spezialgesetz ze vervollstännegen, an deem e maximale Budget festgehalen gëtt, deen d'Regierung fir d'Aktioun SuperDrecksKëscht dierf ausginn.

Ech wëll e kuerze Réckbléck werfen op d'Motivatioun vum 2005er-SuperDrecksKëscht-Gesetz. Am Exposé des motifs an an de Rieden zu deem Gesetz kann een noliessen, an hei zitieren ech de Rapporteur Marc Angel, dee seet: „Éischtens geet et drëm, dem Fonctionnement vun der SuperDrecksKëscht eng Basis ze ginn, zweetens soll d'SuperDrecksKëscht eng Base juridique kréien an drëttens kritt de Staat d'Autorisatioun, fir d'SuperDrecksKëscht kënnen ze finanzéieren.“

2005 ass een also dervun ausgaangen, dass dëst de Kader fir de Finanzement vun der SuperDrecksKëscht géif ofsécheren. An dorop sinn och zwee Kontrakter erstallt ginn, een 2007 an en zweeten 2018. Also net nëmmen déi aktuell Regierung, mee och d'Virgängerregierungen – LSAP/CSV, zweemol – hu genee dës Ramebedingungen applizéiert, fir d'Aktioun SuperDrecksKëscht ze exekutieren an iwwer ëffentlech Gelder ze finanzéieren.

Jore méi spéit, am Kader vun den Diskussiounen, déi d'lescht Joer stattfonnt hunn, huet eeben d'Chamber déi Cellule scientifique beoptraagt, d'Konformitéit vun deem Gesetz ze iwwerpréieren an ze kucken, ob dat mam Artikel 99 vun der Verfassung géif concorder.

Dëse Projet de loi ... mee si wëssen all, wat dobäi erauskomm ass, an dofir hu mer deen heite Projet de loi elo virleien. An dee soll eng Enveloppe budgétaire delimitéieren – an deem Fall sinn et, et gouf scho gesot, 112 Milliounen Euro –, fir dass d'Aktioun kann exekutiert ginn.

An nach eng Kéier: Dëst bedeit net, dass dës Suen automatesch dem Opdragnehmer, also an deem Fall O.S.L., guttgeschriwwen ginn, mee et ass opgrond vun Ofrechnungen – an dat geschitt all Mount –, déi gemaach ginn an och kontrolléiert ginn, soudass nëmmen dat bezuelt gëtt, wat u Käschten ufällt.

Et gouf vun deene Rechnungen scho geschwat. Do waren tatsächlech an deem Audit – op dee kommen ech herno nach eng Kéier ze schwätzen – och Feeler entdeckt ginn. Mee interessanterweis goufen déi Feeler jo awer och beim Contrôle an der Ëmweltverwaltung entdeckt an déi goufen och berichtegt, also ass et schonn esou, dass do eng Kontroll ass. Also et ass net, dass do einfach eppes duerchgewénkt gëtt, ganz au contraire: Dat gëtt penibelst iwwerpréift. Ech kommen herno nach eng Kéier drop zrëck, wa mer iwwert den Audit schwätzen.

Ech wëll drun erënneren – an dat gouf och scho gesot –, dass d'Cellule scientifique vun der Chamber zur Konkursioun komm ass – an dat ass och d'Konkursioun vun der Cellule scientifique, ech kann Iech se herno nach eng Kéier virleien –, dass a l'image vum Finanzéierungsgesetz vum Max-Planck-Institut de Kontrakt tëscht dem Staat an dem O.S.L. kéint ex post reguliséiert ginn.

Nach eng Kéier: Den Dossier Max-Planck-Institut ass de 25. November 2014 iwwer e Finanzéierungsgesetz reguliséiert ginn. An zwar gouf do e Kontrakt, dee fënnef Joer méi fréi erstallt gouf, reguliséiert. An et goung hei ëm 360 Milliounen Euro iwwer 30 Joer. Voilà! Also, d'Max-Planck-Approche, déi deemools ugewannt ginn ass, weist, dass e Kontrakt ka retroaktiv iwwer e Finanzéierungsgesetz reguliséiert ginn.

An ech weisen nach eng Kéier drop hin, dass am Fall vun der SuperDrecksKëscht schonn 2005 awer e Gesetz bestan huet, wat zum Objet hat, de Finanzement ze

encadréieren. Mir waren also net an engem komplett rechtsfräie Raum an deem Fall.

Also, mir maachen haut genau dat, wat d'Chamber verlaangt huet a wat och an anere Fäll schonn applizéiert ginn ass.

Ech wëll awer och nach eng Kéier op aner Kritikpunkten agoen, wat d'Ausschreiwung ugeet an d'Gestioun vun der Aktioun. Déi sinn am leschte Joer wirklech vu méi Säiten opgeworf ginn, an dofir huet déi aktuell Regierung déi Kritiken eescht geholl an eeben och en Audit beoptraagt. Deen Audit gouf och scho kritiséiert. Mee deen Audit geet laut den Auditeuren och méi wäit wéi ee gängegen Audit a kuckt net nëmmen déi finanziell Bilanz, mee en ass doriwwer erausgang an en huet och d'Konformitéit vum Cadre légal gekuckt an d'Evaluatioun vun der finanzieller Struktur, souwäit dat an engem Rechtsstaat méiglech ass.

Ech erënneren drun, dass mer hei e Gesetz hu vum 16. Juni 2019 iwwert de Secret d'affaires, deen eis och wirklech limitéiert, fir bei engem Betrib a senger Finanzstruktur wirklech Informatiounen nozefroen an en derzou ze forcéieren, déi erauszeginn. Dat heescht, mir mussen och hei eis Limiten unerkenne vun deem, wat mer kënnen maachen. An dëst ass eis och juristescht validéiert ginn. Net, dass mer dat net wollten, mee mir konnten et net. Ech wëll dat wirklech nach eng Kéier ganz daitlech soen.

Ech hu guer keen Interêt, hei iergendeppes ze verstopen, an ech mengen, meng Virgängerin hat dat och net. Ech wëll och soen: ob mir – also dat wëll ech elo tëschenduerch nach eng Kéier wirklech ganz kloer soen – mat O.S.L. schaffen oder mat engem aneren, ass fir mich zweetrange. Wichteg ass, dass déi Aktioun weidergefouert gëtt, well si ass wirklech e wichtegt Element vun eiser nationaler Offallgestioun. An déi muss och lückenlos funktionéieren, well se esou wichteg ass. An dëst ass och nach eng Kéier am Avis vun de Chambres professionnelles ënnerstrach ginn.

Elo zur Ausschreiwung. Och do gouf gesot, déi wär ganz kuerz gewiescht. An ech mengen, d'Madamm Empain huet jo och schonn drop higewisen, dass déi an zwou Etappen funktionéiert huet. An där éischter Etapp konnt een nämlech d'Demande fir eng Kandidatur areechen, an déi Etapp huet ee Mount gedauert. An enger zweeter Etapp konnt een eng ganz Offer areechen, an déi huet dräi Méint gedauert. Dat heescht, dat war guer net esou, dass dat eng kuerz Prozedur war.

Et ass och déi Prozedur gewiescht, déi op dem Gesetz vun 2005 fousst. Do steet nämlech dran, dass eng Procédure de marché négociée soll gemaach ginn. Den Avis vun der Commission des Soumissions huet dat nämlech validéiert an huet och recommandéiert, eng Procédure de marché négociée avec publication préalable ze maachen. Dëst gouf gemaach. Déi externen, onofhängeg Auditeuren hunn eis och validéiert, dass kee Prozedurfeeler festgestallt ginn ass, deen d'Validitéit vum Kontrakt vun 2018 kéint a Fro stellen.

Voilà! Et ass also scho gesot ginn, d'Opsetzung vum Cahier de charges an d'Selektioun vun de Kandidaturen sinn Aarbechten, déi vun engem Groupe de travail gemaach goufen, an deem méi Leit dra waren, nämlech Vertrieeder vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, ee Vertrieeder vun dem Ëmweltministère, dee wirklech net un deem doten Dossier bedeelegt war, an doniewent den ehemolegen Direkter vun der Ëmweltverwaltung. Voilà! An do nach eng Kéier: Bei deem Appel à candidatures waren all Formen vu Gesellschaften erlaabt. Während där ganzer Prozedur an och nom Zouschlag ass et zu kenger Reklamatioun komm.

D’Piraten hunn eis haut en Avis juridique ausgedeelt. Ech hat e Samschdeg och an der Zeitung gelies, dass en Avis juridique gemaach gouf, am „Wort“ war dat. An ech hu mir e Méindeg deen Avis juridique och gefrot an der deemoleger Form. Ech hu gemierkt, dass dat e bëssen eng aner Form war wéi haut. An ech sinn och frou an ech soen och de Piraten Merci dofir, dass ech dee krut.

Ech hu mer dee ganz genee ugekuckt, och mat eise Juristen. An do ass rieds vum engem strofrectleche Volet, vum engem eventuellen Interessenskonflikt vum fréieren Direkter vun der Ëmweltverwaltung. Dat ass eng ganz grav an eng wichteg Fro. An ech wëll dat wierklech och unerkennen an ech fannen dat och wichteg, dass dat thematiséiert gëtt. An et ass warscheinlech och opgrond vum där Frëndschaft tëscht dem Här Schmit an dem Här Walter, iwwert déi och an der Press ze liese war, iergendwéi verständlech, dass déi Fro opkomm ass.

Wat allerdéngs an deem Avis dra war, deen ech dunn e Méindeg krut, ass dann haaptsächlech eng Oplëschung vum de lokalen Dispositionen a méigleche strofrectleche Konsequenzen, déi doraus kéinten ervirgoen. Déi ginn do opgezielt. An awer: An där Fassung, déi mir zougestallt gouf, ginn awer keng weider Faiten identifizéiert, an ech hunn och à ce stade selwer keng, déi mech géifen obligéieren, eng Denonciation beim Parquet ze maachen. Mir ass den Artikel 23 Paragraf 2 vum Code de la procédure pénale beschkens bekannt.

Ech wëll awer nach eng Kéier soen: Wann aner Faite sollte bekannt si bei anere Leit, och hei am Haus, da ginn ech dervun aus, dass déi dës un de Parquet géife weiderginn.

Et gëtt Limitte fir esou Saachen, an ech wëll och drop nach eng Kéier hiweisen. Ech hu mech och mat engem Penalist echagéiert, fir mech do wierklech am Detail ze informéieren. An d’Limitte bestinn doranner, dass, wann een esou eppes einfach mécht, ouni dass dat genau ofgewien ass, een do riskéiert, an eng Dénonciation calomnieuse ze kommen. Ech hunn och en Eed geschwuer an ech dærf och nëmmen dat maachen, wat mir zousteet!

Zur Gestiou vum der Aktioun. Et ass schonn e puermol drop higewise ginn, dass de Recommandatioun vum Audit Rechnung gedroe ginn ass, an dat ass och esou. Et gouf en Aktionsplang opgestallt, deen och hei virgestallt ginn ass am September 2021. Et gouf e Comité d’accompagnement aberuff, deen de Suivi vum 2005er-Gesetz mécht, an deen ass nei opgestallt gi mat Leit vum IGF, vum Ministère de l’Intérieur, vum Nohaltegekeetsministère a vun der Ëmweltverwaltung a mat anere Leit, déi zum Deel bis elo mat deem Dossier befaasst waren.

Nieft der Ëmweltverwaltung an de Berufsskammeren ass och elo de Ministère – also mäi Ministère – am Comité de pilotage vum der Aktioun SuperDrecksKëscht vertrauden. An deem Gremium ginn déi verschidde praktesch Aspekter vun der Aktioun diskutéiert an definéiert.

Et gouf och scho gesot: D’Markerechter, déi bei der Ëmweltverwaltung a bei der O.S.L. waren, sinn op de Staat iwwerdroe ginn, an dat net méi spéit wéi den 9. Juni dës Joer.

An dann ass et och esou – ech hunn et schonn ugeideit –, dass beim Staat déi intern Organisatioun iwwerschaaft ginn ass an dass elo och méi Beamten de Suivi vun der SuperDrecksKëscht garantéieren.

Zousätzlech dozou kann ech Iech soen, dass ech mech derfir wäert engagéieren, de Suivi vun där Ëmsetzung weiderzedreiwen an och ze verdéiwen, well och ech

wëll d’Gewëssheet hunn, dass e puer Remarken, déi och an deem Audit sinn, op de Grond gaange gëtt. An ech wäert och en externen Expert beoptragen, fir dës Ëmsetzung ze begleeten a kritesch mat ze iwwerkucken. An ech sinn och bereet – a ganz gär! – hei a reegelméisseg Ofstänn Rapport driwwer ofzelleen, wou mer dru sinn a wat aus där Begleitung ervirgeet.

Voilà! Ech rekapituléieren: Nom haitege Wëssensstand gouf de legale Kader bei der Ausschreibung oder bei der Gestiou vum der SuperDrecksKëscht-Aktioun respektéiert. D’Aktioun SuperDrecksKëscht ass zanter Joerzéngten e wichteg Pilier vun der nationaler Offall- a Ressourcëgestioun. D’Verbesserungsvirschléi, déi fir d’Gestioun vum der SuperDrecksKëscht kënne gemaach ginn, déi den Audit opwerft an déi mir och intern nach entwéckelen, wäerte konsequent ëmgesat ginn an de Suivi gëtt, wéi gesot, intern an extern suivéiert a begleet. Wéi gesot, ech sinn och bereet – an ech komme ganz gär reegelméisseg heihinner! –, d’Chamber iwwert de Progrès ze informéieren.

Fir dës Aktioun awer kënnen ze bedreiwen, brauche mir e Finanzéierungsgesetz. Dëst ass esou vum der Cellule de recherche vum dësem Haus proposéiert ginn a vum Staatsrot guttgeheescht ginn.

Ech kommen also zur Konklusioun, dass mer mat deem Spezialgesetz, dat haut zum Vott steet, eng Situatioun korrigéieren, déi zanter 2005 bestanen huet an iwwer vill Regierungskonstellatiounen als ausräichend ugesi gouf, fir d’Aktioun SuperDrecksKëscht ze exekutéieren an ze finanzéieren.

Ech géif Iech also bieden, de Projet de loi matzestëmmen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring. Parole après ministre fir den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. D’Madamm Ministesch sot virdrun elo grad op der Tribün – an ech hu gutt nogelauschtert –, den Audit, dee gemaach gi wär – Zitat –, „méi wäit gaange wéi en normalen Audit“.

Ech zitëiere vum Slide 3 vun der Présentation du rapport, wou drop steet, éischte Punkt: „Ce rapport ne constitue pas un audit selon les normes internationales d’audit ni un examen limité. Notre rapport n’a pour seul objectif que celui indiqué précédemment“, an do geet et dann drëm, d’Missioun ze kucken. An zweetens: „Nous tenons à préciser que la structure financière de la société O.S.L. et les flux financiers entre sociétés appartenant à Monsieur Hans-Peter Walter n’ont pas été analysés, car cela dépasse le cadre de l’audit de l’action SDK tel que fixé contractuellement entre l’État et la société O.S.L.“

Do stellen ech mer dann awer d’Fro, Madamm Ministesch, wou deen Audit méi wäit gaangen ass, wann d’Auditeure selwer um drëtten Slide vum hirer Presentatioun schreiwen, datt den Audit net emol d’Krittären vun engem handelsüblechen Audit erfüllt, well se eeben och dat deelweis guer net konnte kucken. Am Audit schwätzte se och nach op e puer Plazen dovun: „Déi Pièce krute mer net“, „Déi Pièce konnte mer net kucken“, „Dat depasséiert eis Missioun.“

Ech wëll just umierken: D’Auditeuren hunn no engem Kontrakt geschaff, deen de Ministère mat hinnen ofgeschloss hat. Dat heescht: De Ministère huet d’Bornë vun deem Audit gesat. Dofir fannen ech et elo kéng ze behaapten, den Audit wär méi wäit gaangen.

An dann, wat de Punkt vum Artikel 245 vum Code pénal respektiv den Artikel 23 (2) vum Code

d’instruction ugeet, muss ech soen: Mir hunn eis den Artikel 245 vum Code pénal ganz gutt ugekuckt, an en Intérêt public oder en „délit de la prise illégale d’intérêt“ ass etabliert, soubal en Agent public sän „intérêt privé en contact avec l’intérêt public“ mécht. An e supposéiert do keng „preuve d’une intention frauduleuse“ an och kee Préjudice. An ob hei kee Préjudice komm ass, dat géif ech emol nach an de Raum stellen.

Mee et muss net emol „frauduleuse“ gewiescht sinn. Et geet duer, datt e Beamten oder en Elu sän Intérêt privé an eng Situatioun mam Intérêt public zesummebréngt. An ech mengen, dat ass no alle Piécen, déi haut scho virleien – déi schonn an der Vergaangenheet virloochen –, ginn an dat ass och, firwat mir déi Konsequenze wäerten huelen, déi mer wäerte maachen.

An ech mengen, ech wollt einfach vun der Madamm Ministesch wëssen, wou deen Audit awer méi wäit soll gaange sinn, well aus dem Rapport vun den Auditeure selwer geet dat net ervir.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. An ech ginn d’Wuert zréck un d’Madamm Ëmweltministesch.

**Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable | Jo. Merci. Also mir gouf gesot, dass Muller & Associés gesot hunn, dass deen Audit méi wäit geet wéi en Audit légal, also de Scope méi wäit doriwwer erausgeet. An et ass dat, wat ech virdru gemengt hunn.

Natierlech kënne mer eis och nëmmen op déi Saache beschränken, déi de Staat a sengem Kontrakt mat där Firma mécht. Fir elo e Firmegeflecht komplett ze „durchforsten“, wéi Dir et nennt, wou de CEO och nach Parten dran huet, dat depasséiert definitiv dee Kader, dee mer an deem Audit dierfe kucken. An ech hunn nach eng Kéier gesot: Et gëtt e Gesetz, wat de Secret d’affaires schützt. Dir wësst jo och, dass et dat gëtt. Voilà. Mir kënnen awer net doriwwer erausgoen. An dat huet eis och e Jurist nach eng Kéier bestätegt, dass mer do eis Limitten hunn, och wa mer dat wollte wëssen.

Wéi gesot, et loung net um Wëllen, dass mer et net wollte wëssen. Mir hunn et probéiert. De gesetzleche Kader huet eis et net erlaabt, méi wäit ze goen an dëser Affär. An ech mengen, Dir krut den Audit effektiv jo ausgedeelt. Dir hutt gesinn, do si jo och Saachen dran, do si jo och Saachen dokumentéiert, wéi eng Firmen do sinn an och wéi eng Franchisen. Dat ass jo alles dokumentéiert an deem Fall. Natierlech, déi Finanzfluxe tëschen de Firmen, déi iwwert de Kader erausgi vun der SuperDrecksKëscht an der O.S.L. selwer, konnte mer natierlech net iwwerpräiwen, well et definitiv doriwwer erausgeet. Voilà!

Ech weess net, ob ech all d’Froen beäntwert hunn, mee am Moment kann ech net méi dozou soen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Welfring. D’Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7950. Den Text steet am Document parlementaire 7950<sup>3</sup>.

**Vote sur l’ensemble du projet de loi 7950 et dispense du second vote constitutionnel**

D’Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 31 Jo-Stëmmen géint 29 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*



Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Tess Burton (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Jean-Marie Halsdorf), Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par M. Gilles Roth), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## Motions

Da kéime mer elo zum Vott vun de Motiounen.

### Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här François Benoy. Den Auteur vun der Motioun, den Här Gilles Roth, wëllt fir d'éischt derzou schwätzen. Da kritt hien dann och fir d'éischt d'Wuert. Den Här François Benoy hat sech fir d'éischt gemellt. Ech hat eng Kéier ronderëm gekuckt an dunn hat Dir Iech nach net gemellt, Här Roth. An du wollt ech dann am Fong eeben einfach deem éischten ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Ech entschëllege mech, Här President, dass ech dann ze lues war, mee ech sinn eigentlech dervun ausgaangen, dass normalerweis den Auteur vun der Motioun ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech hat no rechts gekuckt, ier ech no lénks gekuckt hat.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Gutt. Ech mengen, kommt, mir kommen zur Saach. Ech soe vun eiser Fraktioun – ech soen dat ganz daitlech – der Ministesch Merci fir déi sober a korrekt Aart a Weis, wéi se par rapport zu dem Dossier Stellung geholl huet. Dat soen ech ouni Ofstrécher!

Ech soen awer gradesou kloer, dass doduerch den Dossier en tant que tel – a mir hunn och den Dossier hei virbruecht – net besser gëtt. Dir kënnt net derfir, mee e gëtt net besser. An aus deem Grond, Madamm Minister, hale mir awer mat där Motioun op dat, wat mer vun Ufank u gesot hunn. Dir kënnt net fir déi dräi Joer, oder véier Joer sinn et der mëttlerweil, vun 2018 bis elo, wou de Kontrakt gelaf ass. De Staat ka jo och net einfach ... an et ass do, wou mir den Avis juridique vun dem Maître Steichen net deelen, e kann net einfach e Kontrakt annuléieren, deen exekutéiert ass. E ka jo net soen: „Lo froe mir d'Suen zréck. Du hues geschafft, mee mir froen elo d'Suen zréck!“

Mir sinn also der Meenung, dass een deen Deel ex post ka reegelen. Dat heescht, d'Chamber gëtt eigentlech

ex post d'Validatioun – fir et esou ze soen – vun deem Deel vum Kontrakt, wéi en elo gelaf ass. An ech mengen, et ass och dat, wat am Fall vum Max-Planck-Institut geschitt ass.

Ech soen awer gradesou daitlech, dass, wann een awer verschidden Onreegelméissegkeete gesäit – an elo soen ech mat alle politesche Bewäertungen: Déi kann een awer faktuell net einfach aus dem Wee räumen –, een da sollt Transparenz spille loosser, bei engem Marché, deen awer nach iwwer 100 Milliounen fir d'Zukunft spillt, bei öffentleche Suen, déi spillen. An dass duerfir, och wann dat de Staat eppes kascht, fir d'Zukunft sollt déi normal Prozedur vun enger Ausschreiwung sinn: getrennt Berodung, getrennt Transport, getrennt Akademie oder Schulung oder Weiterbildung, wéi Der dat elo gesot hutt.

Dat ass dat, wou mir der Meenung sinn, dass een dat sollt an aller Transparenz maachen. Dobäi fällt kengem en Zack aus der Kroun, mee et wier eng logesch Konsequenz vu Kriticken, déi un engem Marché public, deen attribuéiert ginn ass, gemaach gi sinn, an et géif een och déi Kriticken als Chamber, als Legislateur eescht huelen.

An ech soen Iech vun eiser Säit: Wann Der dat maacht, si mir net déi, déi géifen herno soen ... voilà, wann eventuell e Recours vun där Firma SDK géif kommen, dass si soen: „Legitimement konnte mir net erwaarden, dass dee Kontrakt en cours de route géif ouni e Feeler vun eis gestoppt ginn“, si mir net déi, déi géifen e Virwurf maachen, wann de Staat gegebenefalls zu Indemnitéite géif condemnéiert ginn.

Mir gesi just de Problem, dat soen ech awer och, dass mat all deem, wat an deem Dossier opkomm ass, dass verschidde Leit, déi eventuell hätte kënne bei där Passation de marché public matmaachen, sech awer kéinten am Recht gesinn, de Staat unzesichen an ze soen: „Ënnert deene Konditiounen do war et fir eis guer net méiglech!“

Dir hutt virdru gesot, den Delai wär ee Mount gewiescht. Loosst eis awer do éierlech sinn: En Appel de candidatures ... wann Dir bannent engem Mount muss kucken, ob Dir Iech kënnt als Entreprise organiséieren, fir Berodung, Transport an nach eng Akademie opzesetzen – an engem Mount! –, jo, dat ass fir déi meeschte Leit eigentlech onméiglech.

Wann dat awer getrennt ausgeschriwwen gewiescht wier, dann hätten och Entreprises, déi am Secteur spezialiséiert sinn, legitimement kënne matmaachen.

Kuckt emol, dat ass, wann Der eng Ausschreiwung maacht an Dir sot: „Dir musst eis elo bannent engem Mount e Bus, e Fliger plus nach Berodung an – ech weess net – och nach Féierungen an Australien organiséieren!“, da sinn der net vill, déi kënne matmaachen. Mee wann Der de Fluch trennt vun engem Guide, wann Der de Guide trennt vun enger Berodung an enger Schulung, jo, da kënnen der méi matmaachen.

An et ass dat, wat mer wëlle soen. Hei geet et ëm öffentlech Suen, an do soe mer: Do ass e Feeler geschitt, an aus deem Grond froe mer, dass Der an Zukunft dann de Kontrakt ..., dat heescht u sech eng Resiliatioun géift maachen an dass Der da sot: „Mir maachen eng Passation vun engem neie Marché public fir d'Zukunft.“ Et ass dat, wat mer heimadder froen, a mir wiere frou, wann Der deem géift Rechnung droen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. Dann hat den Här François Benoy d'Wuert gefrot.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Fir unzefänke wollt ech just dem Här Roth soen: Wann ech et richteg am Kapp hunn, gouf et beim Max-Planck-Institut fénnef Joer ex post 25 Joer no vir, also ass et souguer nach eng vill méi laang Period wéi dat, wat mer mat deem heite Gesetz elo gemaach hunn.

Déi Fro, fir de Marché nei auszuschreiwen. Ben, onofhängeg dovun, dass ech mat menge bescheidene Kenntniss dervun ausginn, dass dat extreem schwéier ze maache wär an och zu ville Problemer géif féieren, mengen ech och einfach, dass et do derfir kee Grond gëtt.

Dir sot, den Dossier gëtt net besser. Ech soen, den Dossier gëtt net manner gutt. Ech mengen, mir hunn e bëssen eng aner Lektür vun der Aktioun Super-DrecksKëscht a vun all deem, wéi dat evaluéiert gëtt, wat den Audit gesot huet respektiv wat an Zukunft elo wäert nach weider verbessert ginn a wéi dru geschafft gëtt.

Wéi gesot, den Audit huet gesot, dass déi Soumissioun konform zu dem legale Kader gesat ginn ass. De Kontrakt ass souguer en faveur vum Staat. D'Facturatioun leeft och an der Rei. An do, wou et wierklech Schwaachstelle gëtt, gëtt nogebessert, engersäits wat d'Facturatioun ugeet an d'Digitalisatioun dovun, wat d'Mark ugeet, déi bei de Staat komm ass, an esou weider. A virun allem och dee Punkt, dee wierklech daitlech verbessert ginn ass, ass alles dat, wat de Suivi vun der Aktioun ugeet, wou wierklech schonn e puermol elo gesot ginn ass, notament och vun der Ministesch virdrun, dass de Suivi dovu wierklech besser gëtt.

An d'Ministesch huet jo elo nach eng Kéier ganz daitlech gesot, dass si, onofhängeg vun dem Suivi, deen et am Kader vun der Aktioun SuperDrecksKëscht gëtt, vum Suivi, dee bei hir am Haus gemaach gëtt, nach zousätzlech wëll en externen Opdrag derzou ginn, fir dass de Suivi anstänneg leeft. An d'Ministesch sot och nach, dass se géif an d'Chamberskommissioun kommen, fir ons och an Zukunft iwwer de Fortgang vun der Aktioun ze informéieren, soudass mir déi heite Motioun net matstëmme, grad wéi och d'Motioun Nummer 3, déi am Fong den nämmelechen Objet huet.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy. An da geet d'Wuert un den Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also natierlech si mir en faveur fir eng nei Ausschreiwung, an natierlech soll O.S.L. dat, wat se bis elo gelescht hunn, och weiderhi bezuelt kréien. Déi hu jo eng Leeschtung derfir bruecht, egal wéi se zustane komm ass.

Ech verstü just an där ganzer Diskussioun eppes net. Déi dräi Virriedner vu virdrun do uewen hunn esou vill gelueft, wéi gutt O.S.L. schafft, wéi gutt dat Ganzt fonctionéiert. Ech mengen, wa mer elo géifen eng nei Ausschreiwung maachen, kënnen déi jo bal zu 100 % sécher sinn, dass d'Firma O.S.L. dat souwisou erëm géif kréien, dass déi géifen déi beschte Ofginn, och ouni dass den Här Schmit géif do setzen.

Dofir verstinn ech net, firwat dass Der Iech dergéint wiert, well et kann een elo juristesche ganz propper erauskommen. Natierlech muss ee bezuelen, wat schonn alles gelescht ginn ass. Mee elo wär jo eigentlech de Moment gewiescht, wou Dir als nei Ministesch hätt kënne soen: „Den Här Schmit ass an der Pensioun, et ass alles nei, mir kënnen awer elo do e proppere Kontrakt maachen.“ A wann O.S.L. no Ären neien, faire Konditiounen dat erëmkritt hätt, hätt op dëser Säit warscheinlech och kee méi eppes gesot. Mee et ass eeben, wéi dat deemools zustane komm ass, wou Froen

opkommen. Dofir wär eng nei Ausschreiwung dee beschte Wee gewiescht.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Da geet d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, mir hu jo e bëssen eng aner Opfaassung. Mir hunn dat jo och an eiser Ried gesot. Mir wiere jo éischter derfir, datt dee ganze Secteur e Service public géif ginn an datt de Staat sech selwer géif drëms këmmen, well wa Sue kënnen verdéngt ginn, firwat soll de Staat net Suen domadder verdéngen?

Dofir, mir hunn e bëssen eise rosae Brëll op, kréie mer jo ëmmer gesot. An dofir enthalte mir eis. Also, si ass eis ganz sympathesch, mee si wär eis nach méi sympathesch, wann elo dra stéing, de Staat soll seng Aufgabe selwer maachen an e soll d'Suen, déi e verdéngt, dann nees huele fir ... voilà.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Ech mengen, da kënnen mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 1 kommen.

#### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 1 ass mat 27 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Jean-Marie Halsdorf), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Félix Eischen), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

#### Motion 3

Well d'Motioun Nummer 3 quasi deen nammlechte Contenu huet, kéime mer dann elo zur Motioun Nummer 3, déi vun de Piraten deposéiert ginn ass. Kënnen mer direkt ... Nee, den Här Goergen als Auteur vun der Motioun.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Se huet vläicht déi selwecht Schlussfolgerung, mee de Wee ass en aneren. Mir hunn eis an eisem Avis dermat auserneegesat, wéi dann déi Gesetzer deemools waren. Et ass eng europäesch Direktiv, wou herno den Artikel 13 effektiv erausgaangen ass, an

déi europäesch Direktiv souwéi d'Gesetzer vun der Ausschreiwung hu gesot, dass eigentlech an deem Avis, dee mir Iech deposéiert hunn, dee ganze Kontrakt misst nul sinn. Also och wéi den Här Steichen schonn zu där Schlussfolgerung komm ass, ass och de Maître Heisten zu där Schlussfolgerung komm.

Dat heescht, eise Wee ass ganz kloer, dass mer opgrond vun deenen eenzelne Gesetzer, déi deemools gegollt hunn, beluecht hunn, dass dës Ausschreiwung eigentlech net dierft sinn.

Sou, elo kënn awer nach deen anere Punkt derbäi, dass an dem Ausschreiwungsgesetz och ganz kloer gesot ass, wien déi Soustraitance mécht. Dat ass awer deemools net respektéiert ginn. Dat heescht, dat ass eigentlech nach e Punkt, dee mer elo mol nach net direkt dran haten, opgrond vun deem eigentlech och nach misst nul erkläert ginn, well déi Soustraitance-firmen ... an dat si se net, Dir hutt et selwer gesot, et ass an all Audit beluecht, dass eng Soustraitance stattfënn iwwert d'Firme vum Här Walter, an dat war deemools bei der Ausschreiwung esou net dran.

Dat heescht, deementspreechend seet d'Gesetz ganz kloer, et misst en Nul geschwat ginn. An dat ass déi Approche, déi mir gewielt hunn, dass mer ganz kloer iwwert déi aktuell Gesetzer beleen, dass en Nul misst geschwat ginn. An duerfir froe mer, dass d'Chamber eng nei Ausschreiwung mécht.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen. Ech mengen, da kënnen mer elo zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 3 kommen.

#### Vote sur la motion 3

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 3 ass mat 27 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme bei 2 Abstentionen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Jean-Marie Halsdorf), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Martine Hansen), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Max Hahn), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Francine Closener), Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

#### Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2, déi vum Här Fred Keup deposéiert ginn ass. Wie wëllt nach d'Wuert zu dëser Motioun ergreifen? Den Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Hei an där Motioun, der Motioun 2, grad wéi an der Motioun 4, geet et drëms, fir nach en neien Audit an Opdrag ze ginn. Mir gesinn dat net esou, an dofir wäerte mir déi Motioun net matstëmmen. Den Audit ass nämlech do. A wéi d'Ministesch och grad erkläert huet, ass et en Audit, deen an deem Kader, deen d'Gesetz hiergëtt, fir en Audit ze maachen – dat huet si och gepréift an elo nach eng Kéier bestätegt –, gemaach ginn ass.

An an deem Audit gouf constatéiert, wat gutt gelaf ass, an et gouf och constatéiert, wou muss verbessert ginn. An ech hunn Iech virdrun och schonn déi verschidden Argumenter dozou genannt respektiv si se och an der Debatt de Mëtten ugeklongen. Gradesou huet d'Ministesch och nach eng Kéier gesot, dass zousätzlech zu all deem, wat u Recommandatione vum Audit do ass, sief et de bessere Suivi vun der Aktioun duerch déi Instrumenter, déi et gëtt, gläichzäiteg och an hirem Haus en externe Suivi gemaach gëtt an dass se eis, wéi gesot, och an Zukunft an der Chamberskommission wäert doriwwer au courant halen.

An dofir wäerte mir déi heite Motioun grad wéi d'Motioun 4 net matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy. Da geet d'Wuert un den Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also den Audit ... et ass gutt, dass ech de Classeur mam ganzen Audit matbruecht hunn, well et steet ganz koer am Audit, deen Dir eis ginn hutt, dass et keng international Norm war. Dat heescht, deen Audit war guer net no deene Standarden, wou en eigentlech hätt misse gekuckt ginn.

An deen zweeten ass eigentlech nach vill méi interessant: „Nous tenons à préciser que la structure financière de la société O.S.L. et les flux financiers entre sociétés appartenant à Monsieur Hans-Peter Walter n'ont pas“, mierkt Iech et, „n'ont pas été analysés.“

Dat heescht, déi ganz Geschicht mat deem Audit, eigentlech dat Ganzt, wat am Raum steet, gouf net analyséiert. Dofir hu mir haut eng Motioun deposéiert. Well ech mengen, wann Der jo näischt ze verstoppen hutt, wann alles gutt gelaf ass, da kënn Der jo awer déi puer Fluxen – Dir sot jo selwer, et si just zwou Firmen, bon, mir hunn der vill méi fonnt, déi ganz Bänk huet der vill méi fonnt – analyséieren. Do ass jo da guer kee Problem. En plus gëtt de legale Kader Iech d'Méiglechkeet. Et ass eng Soustraitance, déi stattfënn. Dann hutt Der de legale Kader, fir dat kënnen ze analyséieren. Ech verstinn éierlech net, firwat Der Iech dogéint wiert, dass en Audit soll kommen, deen déi Flux financiers do soll kucken.

(Interruption)

Et ass jo näischt do.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat sinn déi bekannt Fënsteren, déi se opgerappt hunn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. An da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Effektiv, d'Motioun 2 an d'Motioun 4 vun de Piraten sinn natierlech ongeféier dat selwecht. Et geet drëms, fir en Audit ze froen. An, Här Benoy, deen Audit, dee gemaach ginn ass, ass kee richtegen Audit, well eng ganz Partie Saache feelen, et ass elo gesot ginn, an duerfir wëlle mer e richtegen Audit maachen, fir dass kloer an transparent ka gekuckt ginn, wou eppes schifgelaf ass a wat net schifgelaf ass.

An eigentlech, an dat ass e bëssen dat, wat den Här Goergen och sot: Et kann een net richtig verstoen,



firwat dass een heibannen dat net wëll. Et huet dach keen eppes derbäi ze verléieren! Souguer d'politesch Responsabilitéit, wann et déi da ginn hätt, ass jo net méi do, well d'Ministesches ass net méi do. Et huet jo keen eppes derbäi ze verléieren, deen heibanne sëtzt. Duerfir verstinn ech eigentlechguer net, wéi een hei géint den Audit kann ofstëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Keup. Ech mengen, elo kënnen mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 2 kommen.

#### Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 2 ass bei 29 Jo-Stëmmen géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Jean-Marie Halsdorf), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Félix Eischen), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Octavie Modert), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding* (par M. Fernand Kartheiser) ;

*MM. Sven Clement et Marc Goergen* ;

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non :* MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Max Hahn), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

#### Motion 4

Da komme mer zur Motioun Nummer 4, déi vun de Piraten deposéiert ginn ass.

Wie wëllt nach zu där Motioun d'Wuert ergräifen?

Da kënnen mer zum Vott kommen. D'Motioun Nummer 4.

#### Vote sur la motion 4

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 4 ass bei 29 Jo-Stëmmen géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par M. Gilles Roth), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding* (par M. Fernand Kartheiser) ;

*MM. Sven Clement et Marc Goergen* ;

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non :* MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

#### Résolution 1

Da komme mer zur Diskussioun respektiv Vott iwwert d'Resolutioun Nummer 1. Wëllt nach een zu där Resolutioun d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Jo. Merci, Här President. Mir si mat eisen Opklärungsversich eigentlech um Enn. Mir hu versicht, dat um Niveau vun der Kommissioun ze maachen. Mir hu versicht, et haut am Plenum op dem Dossier ze maachen. Dat Eenzegt, wat eis elo nach iwwregbleift, fir den Dossier opzeschaffen, sou wéi dat gewollt ass; fir déi Virfall do, déi ugi ginn an iwwregens vun allen Oppositionsparteien an enger ähnlecher Form presentéiert ginn, ze ënnersichen; an och fir der Ministesch d'Chance ze ginn, deen Dossier do an aller Transparenz duerzeleeën. Ech si ganz éierlech: Den Här Keup an ech mir si jo net ëmmer oder net oft enger Meenung, mee hei sinn ech senger Meenung, well en Audit hätt Iech jo eigentlech och d'Méiglechkeet ginn, Transparenz hei an deem Dossier ze schafen, ouni dass Der emol an eng politesch Responsabilitéit komm wiert.

Dat ass alles net gewollt. Da bleift nach just d'Fro vun enger Commission d'enquête. Dat heescht, der Chamber d'Pouvoiren ze ginn, fir deen Dossier opzeschaffen, fir iwwer verschidde Saachen, vun deenen Dir geschwat hutt, déi ech awer net deelen, ewechzegoen.

Dat Éischt, wat Der gesot hutt: Appel à candidatures. Mir sinn der Meenung, dass do sollt gekuckt ginn, wat d'Motivatioun dovunner war, fir déi Candidature eng Entreprise générale ze maachen a se net ze ënnerdeelen. Well nach eng Kéier: Berodung, Transport an dann op eemol herno nach eng Akademie bäizeschéissen an dat alles an enger Hand ze maachen, dat ass fir eis – fir dat emol fein auszedecken – net usuel.

Den zweete Punkt, vun deem Der geschwat hutt, ass dee vum Secret d'affaires. Do ginn ech Iech net Recht! De Secret d'affaires geet, soulaang e Gesetz net Exceptionne virgesäit. An e Gesetz gesäit Exceptionne vir. E Gesetz gesäit zum Beispill vir, dass, wann ech eng Entreprise générale maachen an ech Soustraitanten hunn, ech muss d'Kontrakter vun deene Soustraitante bäileeën. E Gesetz gesäit zum Beispill vir, dass, wann ech bei enger öffentlecher Ausschreiwung matmaachen, ech dann net ka soen: „Et ass de Secret d'affaires an duerfir leeën ech Iech net bäi, ob ech bei der Sécurité sociale an der Rei sinn, ob ech am Enregistrement an der Rei sinn oder ob ech bei de Steieren an der Rei sinn“, well da kéint jo och ee soen: „Ma dat verstéisst géint d'Steiergeheimnis!“ Dat geet also net. Dat heescht, de Secret d'affaires oui, mais dans le cadre des exceptions prévues par la loi. Duerfir ginn ech Iech do net Recht.

An ech ginn Iech och duerfir net Recht, dass et enger Chamber net sollt zoustoen, e Firmegeflecht ze ënnersichen, dat awer äusserst bizarre ass, muss ech awer ganz éierlech soen. An den Här Goergen huet et nach méi pertinent mat sengem ganzen Tablo duergestellt, wivill Participatiounen do dra sinn a wéi da gesot gëtt: „Ech maachen e Marché mat 100 Milliounen Euro an ech kucken, wéi ech den Impôt sur la fortune ëmginn.“

Also ech mengen, do misst och ee wéi den Här Kersch – e schmunzelt elo – op d'heicht Pærd klammen.

Ech weess och, dass Der, deemno wéi Der als Betrib Är Provisiounen maacht, derlaanscht kommt, fir Verméigenssteuer ze bezuelen. Et muss een och kucken, ob déi Bestëmmungen nach an där voller Bandbreit, wéi se deemools agefouert ginn ass, berechtegt sinn.

Dahingehend soen ech awer: Am Sënn vun der Transparenz, Madamm Minister, déi och besonnesch vun Ärer Partei gefuerdert ginn ass, virun allem wéi se an der Opposition war, misst Der eigentlech hei derfir stëmmen, fir dass dat Firmegeflecht – wou jo näischt drun ass, wéi Der sot! – kéint gepréift ginn an dass den Här Walter kéint Ried an Äntwert stoen.

Hei si jo relativ grav ... ech soen net Virwërf, mee grav Fakten op den Dësch komm. Dass den Här Walter zum Beispill enger Chamber an enger Enquêtekommissioun géif erklären, wéi dat ka sinn, dass hien a senger Kontabilitéit, hien ass vläicht en eelere Firmenchef, dat do manuell redresséiert, wat awer, mengen ech, weeder kontabelsméissig nach am Sënn vun der öffentlecher Verwaltung an där klengster Gemeng vum Land geet. An zu Recht, dass dat net geet. Ech soen dat ganz éierlech.

Da kommt Der mat de Soustraitanten. Dorop si mer agaangen. An da sot Der: „Firwat froet Der dann elo eng Commission d'enquête?“ Ech weess jo, wéi de Vott ausgeet. Ech maachen awer just eng Remark, eng Remark! Et gëtt ëmmer gesot ... an engem aneren Dossier, deen ech net an der öffentlecher Sitzung uschwätzen, well et mir net zousteeet, dat ze maachen, mee ech kann awer eppes iwwert d'Prozedur soen, dat steet mer zou. Ech invoquéieren dann nach eng Kéier meng Immunité parlementaire, fir dass net iergendeen herno sollt kucken, mir do iergendee Stréck draus ze dréien, mee d'Opklärung vis-à-vis vun dem Lëtzebuerger Vollek an de Leit, déi hei wunnen a schaffen, verlaangt dat.

Ech hunn net méi spéit wéi nach de Moien héieren, dass ee sollt kucken, wat eng zukünfteg Verfassung op eenzelne Punkte sollt hierginn. Mee déi zukünfteg Verfassung, Madamm Minister – an ech adresséiere mech elo, Här President, ouni an d'Géigesäit –, gesäit zum Punkt vun der Commission d'enquête vir ... Do sëtzt de groussen, eminenten ... en nennt sech ëmmer Schmalspurjuro... „Journalist“ hätt ech bal gesot. Jurist!

(Hilarité)

... Jurist an de President vun der Institutionskommissioun! Mat wivill Deputéierte kann een an Zukunft eng Enquêtekommissioun aberuffen, Här President?

(M. Gilles Roth s'adresse à M. Mars Di Bartolomeo.)

**Une voix** | 20.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Mat 20.

**Une autre voix** | Voilà!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Dat heescht, wann Der déi selwecht Logik, déi vun Ärer Partei ugefouert gëtt – ënnerstëtzt d'ailleurs vu Blo a Rout –, géift uféieren a soen: „Mir kucken, wat an Zukunft d'Orientatioun vun der Lëtzebuerger Verfassung ass. Mir kucken, wat an Zukunft méi u Rechter sinn, déi déi gewielte

Volleksverrieder hu fir opzeklären.“ Dat heescht net, fir ee plattzemaachen. Dat ass net de Sënn vun enger Enquêtékommissioun!

De Sënn vun enger Enquêtékommissioun ass, fir Fakten opzeklären an dann, gegebenefalls, politesch Responsabilitäten ze erschleissen. A wann déi Verfassung – wou ech dervun ausginn, dass se largement gedroe gëtt, an ech mengen, op deem Punkt souguer unanime vu sämtlechen Deputéierten a sämtleche Fraktiounen, déi heibanne sinn, déi iwwerengs och schonn ofgestëmmt ass an engem éischte Vott –, virgesäit, dass ech dat ka mat 20 Deputéiert maachen, da si mer der Meenung, da muss een och akzeptéieren, wann 29 Deputéiert dat froen. An net do d'Spill vun der Majoritéit an der Opposition.

Dat ass och eist Versteesdemech als ...

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... Vollekspartei, wéi eng normal Demokratie soll fonctionéieren. Dofir si mir der Meenung, dass hei d'Chamber sollt dës Resultioun stëmmen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Méi kann ech net maachen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. An dann hat den Här François Benoy d'Wuert gefrot.

**Une voix** | De Moie war et eppes aneres.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Villmools merci, Här President. Ech kann dat eigentlech net ... Ech kann dat net gëlle loosser, dass gesot gëtt ...

*(Hilarité, brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

Ech kann net gëlle loosser, dass gesot gëtt, dass mer hei net geschafft hätten op deem Dossier. Mir hunn zwee Joer laang wierklech vill an intensiv a verschidene Chamberskommissiounen um Dossier SuperDrecksKëscht geschafft an deen opgeschafft. Mir hunn x Diskussiounen gehat, wou ech och allkéiers gefrot hunn an deene Sitzungen, déi ech presidéiert hunn, et war awer och an aneren esou: „Sinn alleguerten d'Froe gestallt? Gëtt et soss nach eng Fro?“ Et huet och bis zu deem Moment kee sech méi gemellt. D'Comexbu huet och gesot, huet och festgehal zu engem Zäitpunkt, dass vun hirer Säit d'Froen alleguerte gestallt sinn.

Soudass ech einfach soen, dass een hei net ka soen, dass mer net transparent verfuere wäeren an de Kommissiounen, dass mer net eis Aarbecht gemaach hätten, an dass net jiddwereen alleguerte seng Froen hätten kënne stellen.

Dofir soe mir, dass d'Aarbecht elo am Virfeld vun der Elaboratioun vun deem heite Gesetz respektiv am Opschaffe vun de Problemer, déi do waren, gemaach ginn ass. Meng Fraktioun wäert dofir déi heite Resolutioun net stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy. Da geet d'Wuert un den honorabelen Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Bon, déi eenzel Faiten, firwat eigentlech eng Enquêtékommissioun misst gemaach hunn, hunn ech a menger Ried schonn eng Kéier virbruecht. Ech wëll just nach eng Kéier ervirsträichen – de Sven kann Iech et héich halen –, ...

*(M. Sven Clement montre une documentation.)*

... wat dat alles fir e Firmekonstrukt ass, wou Dir nach ëmmer behaupt, et wäeren der just zwou. Mee wat dat

fir e Firmekonstrukt ass! Wa mer do net iergendwann elo eng Recherche maachen an iergendeppes ginn ...

Mir hunn Iech jo virdrun den Auswee ginn, dass Der kënnt nach en Avis froen. Dat war jo déi soft Versioun. Elo kënnt dann déi mëttel Versioun. Dat ass, dass mer eng Enquêtékommissioun géife maachen. Bon, anescht bleift just nach d'Justiz. An ech mengen, dat ass schonn eng Kéier schif ausgegangen, dass Der gemauert hutt, bis et zur Justiz komm ass.

Dat heescht, ech géif Iech rodén: éischter deen heiten Auswee. Deen Auswee virdu wollt Der jo net. Ech mengen, am Raum steet jo nach ëmmer: 9 Milliounen, mengen ech, waren et, déi d'SuperDrecksKëscht am Moment kritt huet. Do kann ee sech an engem Joer dann 1,5 Milliounen Dividend ausbezuelen. Dat muss ee sech emol op der Zong zergoe loosser!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat ass profitabel.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Zu Colmer-Bierg ass jo de Sëtz vun deem Ganzen. Dir kënnt eis jo bestëmmt nach beäntweren, wem deen dann herno gehéiert. Ass dat O.S.L., ass dat Staat, wéi dat alles geet? Well an de Bilane fannen ech 3 Milliounen Réckstellung fir dee Sëtz. Wem gehéiert herno déi Immobilie? Wéi ass dat Ganz do bei O.S.L.? Well dat ass eigentlech och nach e ganz wichteg Thema.

Ech kéint elo nach weiderfuere. Mir hu bei Ecotrel ... D'„Lëtzebuerger Wort“ huet elo eréischt grad bruecht gehat, dass déi musse bei der SuperDrecksKëscht déi Frigoen do recycléieren. An dat erm bei enger Firma vun O.S.L., dem Här Walter. Dat kéint déi ganzen Zäit esou weidergoen.

An ech mengen, Dir sidd jo elo déi nei Ministesch. Eigentlech hätt et Iech gutt gestanen, an deem ganzen Dossier opzeraumen – virdu mam Audit, bon, elo eeben da mat der Enquêtékommissioun –, fir dat Ganzt awer iergendeng Kéier do vun der Bühn ze schafen. Well dat doten ass jo eng Diskussioun, mir maachen elo hei: clôturieren, Dir gitt heem, mee dobausse geet dat weider!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Genau.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | D'Leit wäerte jo nach ëmmer weiderhin diskutieren a sech nach ëmmer Froe stellen.

Mee soulaang Dir 31 net bereet sidd, domadder opzeraumen an all déi Gerüchter ..., well et sinn net mir 29, déi dat bruecht hunn, et ass d'Press, déi et bruecht huet. An Dir kënnt sécher sinn: D'Press geet och nach weider wullen, an ech weess net, wat se nach alles géif fannen.

Haut wär eigentlech den Dag gewiescht, wou Dir als Ministesch hätt kënne soen: „Ech sinn nei. Ech hu souwiesou näischt dermat ze dinn. Ech raumen elo op!“ Dee Fall wär da gekläert.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Da geet d'Wuert un den honorabelen Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Also, ech hunn nach net esou vill Verfassungsreforme matgemaach an ech weess och net, wéini dann elo déi reforméiert Verfassung wäert a Kraaft treden. Vlächit an engem Joer, vlächit éischter, vlächit méi spéit, vlächit ni. Ech weess et net!

Mee op jidde Fall, wann ech et richtig verstanen hunn, an dat ass jo och esou, ginn dann 20 Deputéiert duer, fir eng Enquêtékommissioun unzefroen. Soudass ech hei géif proposéieren, dass mer, soubal

déi nei Verfassung a Kraaft ass – wann dat méiglech ass, wat ech net honnertprozenteg weess, mee falls et méiglech ass –, erëmkommen an eng Enquêtékommissioun froen.

*(Interruptions)*

An da kréie mer se.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Et ass nach net fir déi nei ...

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Keup.

Et ass keng Wuertmeldung méi do, da kënne mer elo zur Ofstëmmung ...

*(Interruption)*

Nee?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mir waarden op déi nei Verfassung.

*(Interruption par Mme Joëlle Welfring)*

**Une voix** | Do ass nach eng Wuertmeldung.

**M. Fernand Etgen**, Président | Wou? O, d'Madamm Ministesch! Entschëllegt.

**Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Merci. Ech wollt just nach eng Kéier drop zrëckkommen. Also, mir mécht eng Analys iwwerhaupt keng Angscht, well mir hunn näischt ze verstoppén, awer ech ...

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Hei, wannechgelift, e bësse méi roueg.

**Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Dofir hunn ech jo och gesot, dass ech am Kader vun där Ëmsetzung vun deem Rapport, well ... vun engem Audit. Mir hunn en Audit gemaach a mir sinn un eis Limitte gestouss, wat mer mat engem Audit kënne maachen.

Trotzdem hunn ech beim Duerchliese vun deem Rapport verschidde Saache fonnt, déi ech gär géif verdéiwen. Dat heescht, dat ass eppes, wat ech maachen a woufir ech mech engagéiere wäert.

Dat ass en onofhängege Rapport, deen zousätzlech wäert gemaach ginn an engersäits wäert verschidde Saache verdéiwen, déi am Audit opgeworf ginn, anerersäits Saache begleeden, wéi mer déi Recommandatiounen wäerten ëmsetzen, well ech dat gären extern begleet hätt, fir wierklech do eng aner Vue drop ze hunn. Well mir ass dat doten och elo nei, an ech wëll dat wierklech mat friemen Aen och gekuckt hunn.

Voilà! Et kann een dat „Audit“ nennen. Ech nennen et och net „Audit“. Ech nennen dat en externe Rapport, deen ech maache loosser, dee verschidde Saache verdéift an deen och Feedback gëtt iwwert d'Ëmsetzung vun de Resultater vun deem Rapport virdrun.

Dat hunn ech virdu gemengt mat deem, wat ech gesot hunn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring. An dann huet den Här Sven Clement nach d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo. Wierklech bei allem Respekt virun der Madamm Ministesch, mee d'Verfassung, déi al wéi déi nei, huet eng kloer Gewaltentrennung.

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | An dat ass: d'Exekutiv ass d'Exekutiv an de Legislatuer, mir heibannen, mir 60 – an dat ass wierklech en Appell un déi 31 och op



där anerer Säit – si fir de Contrôle vun der Exekutiv an hirer Aktioun responsabel.

A bei allem Respekt: Wann d'Exekutiv seet, se kontrolléiert sech selwer, an Dir 31 stëmmt dat mat, ma dat weist, datt d'Gewaltentrennung hei zu Lëtzebuerg net dat wäert ass, iwwert dat mir heibannen diskutéieren!

Ech ...

*(Brouhaha)*

Ganz, ganz éierlech, wann dat doten ...

**Une voix** | Ech fannen dat guer net ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... de Fin mot ass, datt d'Exekutiv an der Chamber seet: „Mir kontrolléieren eis selwer“, an domadder fir d'Majoritéit eng Enquêtékommissioun, déi ënnert där neier Verfassung méiglech wär, vum Dësch ass, mee da komm ni méi een ..., da musse mer ni méi Contrôle parlementaire maachen! Da musse mer ni méi doriwwer schwätzen! Da musse mer ni méi iwwer Enquêtékommissiounen schwätzen! Well wann d'Verspriechen vun der Regierung duergeet, datt se seet: „Mir kontrolléieren eis elo selwer. Wannechgelift, léif Chamber, vertraut eis doranner“, ...

*(Interruptions)*

... dann, ganz éierlech, hu mer d'Gewaltentrennung wierklech net verstanen, an dat deet mer wierklech leed. Ech hat gehofft, mir hätten hei e Rechtsstaat, an an engem Rechtsstaat gëtt et Gewaltentrennung. An do soll eng Chamber dann och hire Rôle spillen an d'Regierung hiren. An dat ass eeben: D'Chamber kontrolléiert d'Exekutiv!

Wa mer dat net wëllen, bon, dont acte.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. An da geet d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo. Ech muss awer elo do och dat nämmlecht nach eng Kéier heibanne soen. Mir sinn hei deen éischte Pouvoir. Ech hunn et virdrun a menger Ried gesot: Mir sinn den éischte Pouvoir. An dat schéngt vun der Regierung net gewollt ze sinn. De Premier huet et jo nach gesot um Kongress, datt hie sech näischt hei vun der Chamber soe léisst. Ech fannen dat ganz, ganz schlëmm! A wann een ...

**Une voix** | Dramatesch!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | ... als Premier esou eppes seet, da brauch ee sech net ze wonneren, wat heibanne leeft.

An et ass ganz kloer, meng Nopesch huet et hei gesot, d'Nathalie Oberweis: D'Linn verleeft hei an der Mëtt.

*(Mme Myriam Cecchetti désigne avec la main une ligne entre l'opposition et la majorité.)*

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | An net tëscht der Chamber an der Regierung.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Déi déi aner Säit mengen, si missten der Regierung permanent de Réck stäipen a si wieren net an der Chamber a si géife kee Contrôle ausüben, an déi heite Säit mécht hire Kontrolle.

An elo hu mer eebe Pech, datt d'Constitutiooun, d'Verfassung, nach net a Kraaft trëtt. Wann déi bis do ass, dann hu mir hei 29 Stëmmen a mir maachen déi Enquêtékommissioun! An et gëtt héich Zäit, datt déi Constitutiooun a Kraaft trëtt, well dat doten ass wierklech net seriö!

*(Brouhaha)*

A wa jo d'Ministesch ... Also, ech hu ganz grouse Respekt an ech fannen och, Dir hutt dat alles super

erkläert. Et kann een nëmmen e grouse Respekt virun Iech hunn. Dir hutt dat net arrogant gemaach. Dir hutt dat mat enger Rou gemaach. Dir hutt dat verständlech gemaach. Dir hutt eis respektéiert. Dir hutt eis Froen eescht geholl. Dir hutt dat super gemaach. Ech hoffen, datt Der dat bäibehaalt, well verschidde Leit hunn dat ganz séier vergiess a verluer ...

*(Hilarité)*

... an da gi se immens arrogant. Also all Respekt fir Iech!

**Plusieurs voix** | O!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Mee dofir, Dir hutt jo näischt ze verléieren heimadder. Ech mengen, mir froen déi Enquêtékommissioun. Wat ass dann, wa mer dat elo maachen? Dir sot selwer, Dir wëllt Transparenz, Dir wëllt dat. An et steet Iech dach nëmme gutt zu Gesiicht! Et steet der ganzer Politik heibanne just gutt zu Gesiicht. Mir maachen eis selwer lächerlech! Dat do ass déi wivillt Affär, déi mir elo hei hunn, wou et ëmmer d'nämmlecht ausgeet.

**Une voix** | 31.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ëmmer 31, voilà, 29. An dobausse geet et virun. D'Diskussiounen gi virun. An Dir wäert Iech net hannendru kënnen verstoppen, datt 31 Leit dergéint gestëmmt hunn, well d'Diskussiounen ginn dobausse am Bistro, dobaussen op der Voie publique an an der Press virun. Mee bon, Dir verzögert et just, Dir maacht et just méi laang!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Dann huet den Här Yves Cruchten d'Wuert gefrot.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo. Merci, Här President. Ech muss soen, dass ech déi Diskussioun hei ganz suivéiert hunn. An ech muss och der Madamm Ëmweltministesch soen ... Si ass nach beschäftegt.

*(Hilarité)*

Ech wollt der Madamm Ëmweltministesch soen, dass ech hir Erklärungen hei ganz schlëssig fonnt hunn an dass ech och appreciéiert hunn, dass se eng Ouverture gemaach huet a gesot huet: „Hei, do sinn nach Saachen, déi mer wëllen am Fong kucken. Et ass och derwäert, dass mer eis dat ukucken. Dofir huele mer en Externen, fir eis ze begleeten, fir déi Saachen ze kucken an och dee Prozess vun der Ëmsetzung vun all deem, wat eis am Audit recommandéiert gouf.“ Ech fannen dat absolutt, absolutt korrekt, dass mer dat esou maachen.

Hei gëtt ëmmer erëm en neien Audit gefrot. Deen Audit, deen do war, deen ass anscheinend net gutt genuch. Mee wie seet eis dann, dass deen nächsten Audit besser ass? Ech hu keng Anung. Dat wonnert mech alles.

An da gëtt elo hei zum Schluss eng Enquêtékommissioun gefrot. A mir wësse jo, wa mir eng ... Mir kënnen hei entweeder decidéieren, dass mer eng Enquêtékommissioun maachen oder et ass eng Affär, déi vum Parquet gefouert gëtt. Et ass dat eent oder dat aner.

An da wonneren ech mech, dass hei eng Enquêtékommissioun gefuerdert gëtt, wann am Avis, deen d'Kollege vun de Piraten ausschaffe gelooss hunn, hiren eegene Jurist hinne seet: „Wann et eventuell sollt Zweifel ginn iwwer eventuell Unhaltspunkten iwwer Conflicts d'intérêts oder iwwer Korruptioun, da missten d'Autorités judiciaires saiséiert ginn.“ Ech wonnere mech, dass dat dann nach ëmmer net geschitt ass vun de Kollege vun de Piraten.

Mäi klunge Fanger seet mir: Dat wëlle se net maachen, fir dass se hei kënnen eng Enquêtékommissioun

fuerderen, an eng Enquêtékommissioun, déi ass do, „pour faire durer le plaisir“.

*(Exclamations et brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. Dann hat den Här Dan Kersch d'Wuert gefrot.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech wëll awer ...

*(Brouhaha)*

Ech fannen, dass eise President dat ganz gutt gesot huet. Ech wollt just den Här Clement un eppes erënneren: u seng eege Motioun. En huet virdrun hei der Majoritéit virgeworf, mir wäer géint d'Gewaltentrennung, well mer et am Fong géifen der Regierung iwwerloossen, en Audit ze maachen. Seng eege Motioun seet: „aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung, een Audit an Optrag ze ginn“. Also de deux choses l'une. Entweeder Dir sot, Dir sidd domat averstanen, dass d'Regierung en Audit mécht ...

D'Madamm Ministesch huet Iech elo hei ganz genau erkläert, dass se opgrond vun deem Audit, dee virläit, eng ganz Rei vu weideren Analyse wäert maachen, déi dann net am Tirang verschwannen. Well si huet virdu ganz kloer gesot, dass se bereet ass, zu all Moment erëm allkéiers déi nei Ergebnisse mat der Chamberskommissioun ze diskutéieren. An domat ass de Contrôle parlementaire och gewärleescht. Dofir maacht, wannechgelift, e bësse lues, wann Der esou Virwërf un d'Majoritéit maacht!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kersch. Dann hat d'Madamm Polfer d'Wuert gefrot.

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Ech wollt nëmmen dat ënnerstëtzen, wat meng zwee Virriedner elo gesot hunn. Hei gëtt vum éischte Pouvoir geschwat, an dat si mer effektiv. An ech mengen, jiddweree ka soen: „Mir huelen dat esou seriö, wéi nëmme méiglech, den zweeten, d'Exekutiv.“

Mee hei gëtt et en drëtten! A wann hei vu Saache geschwat gëtt, déi effektiv riskéieren, schlëmm ze sinn – wann et déi da sinn a wann et derfir Unhaltspunkte gëtt, ob dat elo Korruptioun ass, ob dat Conflit d'intérêts ass –, mee dann, mengen ech, si mer awer voll an deem Fall, wou den drëtten Pouvoir hei muss säi Rôle spillen!

An anere Situatiounen – dann invoquéieren ech och meng Immunité parlementaire, esou wéi den Här Roth et gesot huet – hu mer ...

*(Interruption)*

Ma nee ...

*(Interruption)*

Jo, maja ... Dat ass ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Polfer.

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Dat versiche mer all ...

*(Brouhaha)*

Nee, ech sinn net fäerdeg!

**M. Fernand Etgen**, Président | Nee?

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Ech sinn net fäerdeg. An aneren Dossieren, déi eis de Moment jo beschäftegen – de Moien nach an esou –, soe mer jo allegueren: „D'Chamber soll net Riichter spillen a soll net Enquêté maachen.“ Mee da verstinn ech wierklech net, wann hei, wou effektiv Saachen opgeworf ginn ...

A wa se da sollen esou sinn, mee da soll et effektiv un deem troisième Pouvoir sinn, dee mer hei an dësem Land hunn – a wou mer esou frou sinn, datt mer d'Chance hunn, an engem Rechtsstaat ze liewen –,

dat awer an aller Rou, an aller Neutralitéit ze analysieren! An da wäerte mer effektiv och hei déi Konklusionen natierlech zur Kenntnis huelen an ons deementspriedend eebe mat deene Konklusiounen vun deem, wat mer elo dee ganzen Dag hei ... a wou ech nëmmen och ka soen, datt d'Madamm Minister wirklech dat mat enger extremer Bravour gemaach huet. Dann huele mer dat dee Moment zur Kenntnis.

Et wier schlëmm, wann et esou wier, mee ech fanen effektiv, datt et hei um drëtten Pouvoir an dësem Rechtsstaat ass, fir dat do dann erauszefannen.

**Une voix** | Très bien!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Polfer. Dann huet den Här Roth nach d'Wuert gefrot.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Ech muss op eppes ... Jo, ech weess, Dir gitt och gären heem, wann Der mengt, et wier alles gesot. Mee Dir musst ...

*(Interruptions)*

Nee, mee Dir hutt ...

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

Nee, ech huelen dat dann op, Här Cruchten. Dann ass et Iech erausgeruscht: „Et ass alles gesot.“ En Deputéierten, dee mat eng Enquêtékommissioun freet, huet och d'Recht, drop ze äntweren, dat muss Der mer zougestoen, besonnesch wann Der als Fraktionspräsident vun der Lëtzebuerger Sozialistischer Aarbechterpartei sot, eng Enquêtékommissioun wier do, „pour faire durer le plaisir“.

Dont acte. Wann dat Äert Rechtsverständnis ass, wann dat Äert Verständnis ass vun der Demokratie, dann deelen ech dat net!

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Zweete Punkt: D'Madamm Polfer seet: „Majo, da soll een dat der Justiz ginn.“ An d'Justiz ass hei nëmmen een eventuell ..., well d'Justiz huet jo keng Légalité des poursuites, si huet eng Opportunité des poursuites. A Madamm Polfer, Dir waart grad ewéi ech, wéi Eenzelner hei, an enger Enquêtékommissioun, déi seinerzeit net nëmmen eng ...

**Mme Lydie Polfer (DP)** | An e puer.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Jo, jo. An Dir waart virun allem an där 2013, wou jo och gesot ginn ass: „Ma dat do muss bei de Parquet! Et muss bei de Parquet!“ Wat herno beim Parquet erauskomm ass, hein, ech mengen, dat war net méi ganz vill. Dat muss Der agestoen. Well dat war esou een Dossier, alles: schlëmm, schlëmm, schlëmm, schlëmm. An herno: klasséiert, klasséiert, klasséiert, klasséiert. Dat muss Der och agestoen.

Den zweete Punkt ass deen: Vun deem, wat an der Missioun vun der Enquêtékommissioun steet, Madamm Deputéiert Polfer, dat geet jo net nëmmen ëm Penal, mee dat geet ëm eng Opklärung, zum Beispill de Système de facturation, zum Beispill de Fait, dass d'Offere vun de Soustraitanten net mat incluéiert waren. Et geet zum Beispill drëm: Firwat ass net separat agestallt ginn? An een, an dat ass deen eenzeg, mengen ech, total relevanten – ech soen dat sous réserve vu menger Immunité parlementaire; jo, ech si virsichteg –, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | ... eventuell da relevanten, dat ass déi Geschicht mat der Aestellung um Fils vun enger Persoun, déi maassgeblech um Niveau vun der Ausschreiwung an och vun den Decisiounen respektiv vum Contrôle vun de Sue matbedeelegt war. Dat ass de Punkt. An deen ass eventuell – ech

invoquéiere meng Immunité parlementaire – relevant op deenen Artikelen, wou d'Piraten gesot hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | An ech hunn och – grad ewéi Dir, grad wéi anerer, mir lauschtere jo heiansdo de Radio, mir liesen heiansdo d'Zeitung – an der rezenten Vergangenheet an änleche Fäll gesinn, wou d'Justiz da vis-à-vis vu Staatsbeamten do Affären an eng Sitzung bruecht huet – fir dat esou ze soen. Ech nenne keen Numm an ech specificéieren och keng Affär, mee jiddweree weess, wann en dat wëllt, wat domadder gemengt ass.

Aus deem Grond, an am Sënn vun enger Proportionalitéit, vun enger Verhältnisméissegkeet – well d'Justiz funktionéiert jo och net: „O, deen do, deen huele mer an deen do, dee loosse mer lafen.“ –, musse jo déi selwecht Affären iwwert dee selwechte Leescht gezu ginn. Esou ass mäi Rechtsverständnis jiddefalls, ech mengen, Äert och!

Esou ass dat hei nëmmen en Deel. Mee de fundamentale Punkt ass deen, dass eng Enquêtékommissioun parfaitement ka funktionéieren, och en parallèle mat der Justiz. Dat hate mer 2013. Mee op deem Punkt ...

*(Interruption)*

Nee! Op deem Punkt ass dann eng Suspensioun vun den Aarbechte vun der Enquêtékommissioun en attendant le verdict vun der Justiz, ob se wëllt poursuiwieren oder net. Dat hate mer an der Enquêtékommissioun 2013, et gouf et an der Enquêtékommissioun iwwert d'Transportlizenzen an ech weess net wat.

Dat heescht, fir ze soen: „Mir hunn elo d'Justiz a mir hu Vertrauen an d'Justiz“ ... Mir hunn och Vertrauen an d'Justiz. Mee fir domat en normaalt Rechtsinsrument, wat zu enger demokratescher parlamentarescher Demokratie gehéiert, nämlech d'Enquêtékommissioun – et gëtt et jo net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, et gëtt et an Däitschland, et gëtt et a ganz ville Parlämenter – d'office auszuschalten a fir dann ze soen: „An enger zukünftiger Verfassung kënnen mer déi mat 20 Deputéierten asetzen“, jo, mee da misste mir jo mat deem selwechte Rasonement soen: „Majo d'Justiz ass do, dofir brauche mer iwwerhaupt keng.“

Mir plädéieren dofir an deem Sënn, dass ee sollt an der Linn vun deem, wat Dir matdrot ... Dir sidd herno Member vun där Chamber, déi da ganz solennel déi Verfassung stëmmt, an engem éischte Vott, an engem zweete Vott, also misst Der eigentlech och als fréier Presidentin vun der Demokratescher Partei, fir Transparenz a Rechtsstaatlechkeet, dat hei kënnen matstëmmen.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Roth.

**Mme Lydie Polfer (DP)** | Ech war ëmmer fir Transparenz! Dat kann ech Iech garantéieren!

**M. Fernand Etgen, Président** | An dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Ech gouf direkt vum Här Kersch ugeschwat, dofir muss ech awer dorop reagéieren. Den Här Kersch huet dat ganz richteg zitéiert, datt mir an enger Motioun d'Regierung zu eppes opfuere. A genau dat ass de Rôle vun der Chamber!

Ech weess, den Här Kersch war laang Zäit op där anerer Säit vun deene Pouvoiren. Dofir, do ass dat vläicht heiansdo lästeg, wann den éischte Pouvoir sech tatsächlech daignéiert, dem zweete Pouvoir e Wonsch ze kommunizéieren. Mee dat ass eeben dat, wat eng Motioun ass. Dat ass eisen Outil.

A genau deen hu mer benotzt an d'Deputéiertechamber invitéiert d'Regierung, eppes ze maachen. An d'Majoritéit huet fonnt, datt d'Deputéiertechamber dat net vun der Regierung wëllt hunn. Elo dann ze soen: „Mee se maachen dat jo“. Dat ass et net, well ech mengen, mir hunn e ganz aneren Audit gefrot wéi dat, wat d'Madamm Ministesch eis hei elo grad erzielt huet.

Nach eng Kéier, bei allem Respekt: Ech gleewen Iech, datt Der dat wëllt opklären. Ech denke just net, datt dee Rapport oder deen Audit géif erauskommen, dee mir eis géifen erwaarden, nämlech en internationalen Audit vum Grupp O.S.L., dee géif beweisen, wou déi Suen hikomm sinn.

Wéi een, wann een als Haaptclient de Staat huet, kann 1,5 Milliounen d'Joer Dividenden ausbezuelen, dat ass eng Fro, déi mech ganz staark interesséiert.

Wéi et ka sinn, datt um Ministère eng Konventioun mat Ecotrel ASBL gemaach gëtt, wou drasteet, datt Ecotrel ASBL, fir hir Lizenz ze kréien, fir eng Konventioun ze kréien, muss Member an der SuperDrecks-Këscht fir Betriber ginn, muss hir Frigoen iwwert d'SuperDrecksKëscht vu Betriber da schécken, fir se recycléieren ze loosse, wou dann awer hannendrun O.S.L. net de Recyclage selwer mécht, mee soustraitéiert un d'SEG GmbH, wat komescherweis eng Firma ass, déi zum Konglomerat vum Här Walter gehéiert, déi net opgegueluecht gouf als Soustraitant während der Ausschreiwung.

Also, alles dat si Saachen, wou ech mer erwaarde géif, datt mer en Audit no internationalen Normen vum Firmegrupp O.S.L. géife maachen.

Ech hunn Akt geholl, datt d'Majoritéit dat net wollt. Sou! Elo ass deen nächsten Outil, deen d'Chamber zur Verfügung huet, fir dat opzeklären, d'Enquêtékommissioun. Dat ass deen nächste Schrëtt. A wéi den Här Roth dat virdru genau richteg gesot huet, ass dat och net, fir hei méi laang driwwer ze diskutéieren. Et ass ... Mir haten en aner Propos gemaach, déi méi séier gewiescht wier. Mir haten eng Propos gemaach, déi onpolitesch gewiescht wier. D'Enquêtékommis-sioun ass scho méi politesch.

*(Interruption)*

An ech ginn der Madamm Polfer absolutt Recht: Deen nächste Schrëtt ass natierlech ... No allem, wat mer hei gesot hunn, kënn Der Iech jo net virstellen, datt mir zwee hei setzen a Saache kommentéieren, Saachen, déi mer am Dossier fonnt hunn, kommentéieren an net den nächste logesche Schrëtt maachen an den Artikel 23 (2) invoquéieren, wann de Parquet sech net zwëschenzäitlech – well déi heiten Diskussioun leeft jo awer schon e puer Wochen – autosaiséiert huet.

Wou ech mer och ënner menger ganzer Immunité parlementaire – dann därer ech dat och emol eng Kéier soen – d'Fro stellen, firwat e sech mat allem, wat an der Press scho stoung iwwert den Här Walter an iwwert den Här Schmit, net scho selwer saiséiert huet.

*(Interruptions)*

Dofir, et ka jo sinn, datt e sech selwer saiséiert huet. Ech sinn net „dans le secret des dieux“. Dat ass eeben och Gewaltentrennung.

Also, maacht Iech keng Suergen, mir wäerten dat schon invoquéieren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement. Dann huet nach den Här Mars Di Bartolomeo d'Wuert gefrot.



**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo. Merci, Här President. Nee, net fir e Fait personnel, mee fir ze ënnersträichen, dass jo eng Enquêtëkommissioun haut an och muer net dofir ass, fir d'Missioun vun der Justiz ze iwwerhuelen. Do si mer eis alleguer eens.

A mer sinn eis och eens doriwwer, dass eng Commission d'enquête net eng Chambre de mise en accusation fir d'Regierung ass a wäert sinn. Mir huelen déi Commission d'enquête ganz eescht a mer wëllen net fir näischt d'Konditiounen, fir eng Commission d'enquête anzusetzen, erliichteren, mat am Hannerkapp, dass dat Instrument à bon escient soll agesat ginn.

Ech freeë mech awer, dass grad déi zwou Sensibilitäten, hei riets an do lénks, déi eigentlech am iwwerzeegste géint déi nei Verfassung oder d'Verfassungsrevisioun plädéiert hunn, haut d'Meenung ausgedréckt hunn, dass déi Verfassungsrevisiounen net séier genuch kënne kommen. Merci. D'verfassungsdroend Majoritéit schéngt also den Owend méi grouss ginn ze sinn.

Merçi.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Wann den Här Kartheiser dat Wuert „Verfassung“ héiert, da mellst dee sech zu Wuert.

(Hilarité)

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dir hutt ganz Recht, Här President.

(Interruption)

Ech wollt eigentlech net an dës Debatt intervenéieren, well ech mengen, dass d'Kolleege vun alle véier Oppositionsparteie – fir eis den Här Keup – déi wichteg Punkten alleguer gemaach hunn. An ech ka just, wat eis ugeet, selbstverständlech eis voll Ënnerstëtzung fir eng Enquêtëkommissioun hei ausdrécken.

Wat awer d'Verfassung ugeet, do wëll ech nach eng Kéier rappelléieren, dass mir eis ni verschloss hu géint punktuell Verfassungsännerungen, wéi mer et zum Beispill beim Ombudsman hätte kënne maachen, wéi mer et bei der Enquêtëkommissioun hätte kënne maachen, dass mer emol näischt hu géint méi eng grouss Verfassungsännerung, wann déi dem Referendum géif virgeluecht ginn, wéi Der et versprach hutt! Also, ech wëll elo net, dass hei eppes esou duergestallt gëtt, wéi et net ass.

(Interruptions)

**Une voix** | O!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mir sinn absolutt op fir punktuell Verfassungsännerungen. Mir hunn der scho vill ënnerstëtzt an eiser Geschicht.

Awer et sinn nämlech hei zwou Diskussiounen, Här Mars Di Bartolomeo, déi Dir selwer... déi zweet hutt Der selwer ugeschwat. Déi eng ass iwwert d'Transparenz vun der Regierung – Dossier Super-DrecksKëscht –, an dat anert ass, dass Der Äert Walversprieche verroden hutt. Dir hutt eis et selwer haut den Owend rappeléiert.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Nee, Här Kartheiser. Dir sidd just iwwer Är eege Féiss gefall.

(Interruptions)

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Di... Dann ass och d'Madamm Nathalie Oberweis ugesprach ginn.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo. Et deet mer leed. Also, anscheinend wëllt den Här Mars Di Bartolomeo méi laang hei mat eis heibleiwen. Dofir kann ech dann och elo dorobber reagéieren.

(Brouhaha)

Et ass net esou, wéi wa mir géint ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Hei, wannechgelift, méi roueg!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Mir sinn net géint d'Verfassung. Mir hunn eis abstenéiert, well mer eng besser Versioun hunn. Dat ass den éischte Punkt. Jo, mir sinn net dergéint.

An dat anert ass déi Enquêtën... Et ass jo net, wéi wa mir hei eng Enquêtëkommissioun géife froe fir all klengen Dénge. Dir hutt dat elo e bëssen esou uklänge gelooss, wéi wa mir déi géifen instrumentaliséiere fir all klengen Dénge.

Ech mengen, hei geet et wierklech... eng Enquêtëkommissioun ass do, souwäit ech weess, fir Uleiesse vun nationalem Interessi, an et schéngt mer awer esou: Wann ech dat haut richteg eraushéieren hunn, da geet et hei ëm esou grouss Montanten an esou grouss Froen, dass dat doten awer wierklech, mengen ech, derwäert ass.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Da kéime mer elo zur Ofstëmmung iwwert d'Resolutioun.

**Vote sur la résolution 1**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Resolutioun ass bei 29 Jo-Stëmmen géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Jean-Marie Halsdorf), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Jean-Paul Schaaf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Martine Hansen), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

*Ont voté non :* MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

## 6. 1973 – Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension de la station d'épuration de Luxembourg-Beggen

Mir kommen elo zum Projet de loi 1973 iwwert d'Finanzéierung vun den Erweiterungsarbechte vun der Kläranlag zu Beggen. D'Riedezäit ass nom Basismodell

festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Aly Kaes, den Här Gusty Graas, den Här Carlo Weber, den Här Fred Keup, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen. D'Wuert huet elo den Här Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha)

**Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire**

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Villmools merci, Här President. Ech froe mech, firwat esou vill Leit erauslafen, well, wësst Der, et geet elo ëm nach méi en décke Montant wéi virdrun ...

(Hilarité)

... an e ganz wichtige Projet!

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Awer op alle Fall! Op alle Fall!

(Brouhaha)

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Merci, Madamm Polfer. Här President, Dir Damm an Hären, ech hunn d'Éier, Iech elo de Gesetzesprojet 1973 ze presentéieren, woumat mer der Regierung d'Erlabnis ginn, fir dass d'Stad Lëtzebuerg zu Beggen hir Kläranlag kann ausbauen an dass mer do de Kofinanzement dervu maachen ëm 118 Milliounen Euro.

An dat ass immens wichtig, well eis Waasserleef ëmmer méi ënner Drock stinn an a kengem gudden Zoustand sinn. Dofir gëtt et eng Rei Grënn: Nährstoffantrëg a Pestiziden aus der Landwirtschaft, mee och ëmmer méi Micropolluante wéi Medikamenteréckstänn, Mikroplastiken oder Pestiziden, déi an eise Gewässer ze fanne sinn.

(Brouhaha)

**Une voix** | Sch!

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Madamm Modert, wat hunn ech gesot, wat Iech net passt?

(Interruptions)

**M. Fernand Etgen**, Président | Loosst Iech net stéieren, Här Benoy. Fuert roueg weider.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Bon, keng Äntwert op alle Fall vun der Madamm Modert op meng Fro.

Fléissgewässer sinn essenziell Ökosystemer, ...

(Brouhaha)

... mee wa mir si weider wëlle schützen an hiren Zoustand wëlle verbessern, dann ass en héichwäertegen Traitement vun eise Schmutzwässer, wéi mir et mat dësem Gesetzesprojet maachen, immens wichtig.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

D'Beggene Kläranlag traitéiert d'Schmutzwaasser vun der Stad Lëtzebuerg, vun de Gemenge Stroossen, Bartreng, Leideleng, vun der Uertschaft Riedgen an der Gemeng Recken op der Mess, an och en Deel vun der Uertschaft Findel.

Mat der Extensioun gëtt d'Capacitéit verduebelt. Vun engem Awunnergläichwäert vun 210.000 gi mer op 450.000. An dee brauche mer, well mer jo net nëmmen d'Ofwaasser vun de Leit, déi an der Stad wunnen, mussen traitéieren, mee och vun allegueren deene ville Leit, déi gären an onser Stad schaffe respektiv sech do ophalen.

Nieft der Erweiterung vun der Klärcapacitéit gëtt och d'Qualitéit verbessert duerch d'Afféierung vun enger véierter Klärstuf, déi d'Micropolluanten erausfiltert.

Dat heescht: Medikamenter, cheemesch Substanzen, Kontrastmüttelen aus der Medezinn, Pestiziden an esou weider.

Et gouf beim Projet och Wäert drop geluecht, de Flächeverbrauch am Grëff ze halen, sech an d'Landschaft ze integréieren an esou effizient wéi méiglech ze sinn.

Fir d'éischt gëtt d'Betriebsgebaai, dann de Faultuerm, dann d'maschinell Schlammvirentwässerung, d'Virklärung, d'sequenziell biolgesch Rengegung, d'Technikgebaai a schliesslech déi véiert Klärstuf gebaut. D'Aarbechten dauere vun 2023 bis 2031, also knapp zéng Joer.

D'Käschte vum Devis aus dem Joer 2020 belafe sech op 295 Milliounen Euro, wouvun de Staat 50 % vun der Mise en conformité vun den neien Normen an den Ausbau vun dem Awunnergläichwäert vu 450.000 iwwerhëlt, deemno 96 Milliounen Euro. Derbäi komme 75 % vun der véierter Klärstuf, deemno 22 Milliounen. Dovunner muss een awer 12 Milliounen Euro ofzéien, déi d'Stad grad schonn exekutiert a wou d'staatlech Hëllef ongefëwëckelt gëtt. A soumat komme mer dann opgeronnt op 106 Milliounen Euro.

A sengem Avis réit de Staatsrot, dem aktuelle Bauindex Rechnung ze droen. Dat huet d'Kommissioun och esou iwwerholl an dofir lande mer da beim Projet bei 118 Milliounen Euro.

D'Gesetz gouf den 8. Mäerz vun der Ëmweltminstesch deposéiert. Den 1. Juni hu mer an der Kommissioun de Projet an d'Avisen duerghegoll an ech gouf als Rapporteur genannt. Mäi Rapport gouf d'lescht Woch ugeholl an nodeems ech de schréfftleche Rapport scho verfaasst hat, koom och nach – dat ass eng Informatioun un Iech – den Avis vun der Handelskummer eran an och si begrëissen de Projet.

Här President, Dir Dammen an Hären, den Ausbau vun der Beggenger Kläranlag, der gréisster Kläranlag, mat dem gréissten Anzuchsgebit am Land, ass en immens wichtige Projet, fir d'Waasserqualitéit an also de Schutz vun onser Ëmwelt ze garantéieren, an dofir ginn ech och mat grousser Freed den Accord vun der grénger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An dann huet d'Wuert den Här Aly Kaes.

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Däerf ech? Här President.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo?

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Däerf ech eng Fro stellen un de Minister?

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Un de Rapporteur?

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Jo.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Am Zesammenhang mat der Kläranlag?

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Jo.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo. En ass zwar schonn net méi do.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Ech kann awer gäre kommen.

(Brouhaha)

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dir hätt mech jo vläicht kënne kucken, Här President.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Wat gelift?

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dir hätt mech jo vläicht misse kucken, Här President.

**Une voix** | En ass den éischte Riedner.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Ma en ass erëm do. Dir dierft elo.

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Merci, Här President. Ech wollt froen, fir eng Fro ze stellen un de Rapporteur, dee säi Rapport jo an aller Objektivitéit mécht, ob hien net weess, datt d'Pestizide längst net nëmmen an der Landwirtschaft gebraucht ginn, well e virdu gesot huet, an der Kläranlag géife sech Pestiziden aus der Landwirtschaft befannen.

Merci.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Madamm Modert, dann hutt Der mer net richtig nogelauschtert, ...

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dach!

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | ... well ech hunn dat ... Ech liesen Iech vir ...

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dach, dach, Dir hat dat esou formuliert, Här Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Madamm Modert, ech liesen Iech ganz exakt vir, wat ech gesot hunn: „wichtig, ...

(Brouhaha)

Ech hunn Iech gesot, dass dat heiten e wichtige Projet ass: „wichtig, well eis Waasserleef ëmmer méi ënner Drock stinn an a kengem gudden Zoustand sinn“. „Eis Waasserleef“, hunn ech gesot. An dat huet e puer Grënn: „Närstoffantrëg a Pestiziden aus der Landwirtschaft“.

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Maja.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur | Dat ass net onbedéngt e kausalen Zesammenhang tëscht der Kläranlag an dem Ofwaasser. Mee dat hunn ech och net gesot: „mee och ëmmer méi Micropolluante wéi Medikamenteréckstänn, Mikroplastiken oder Pestiziden, déi an eise Gewässer ze fanne sinn“. Ech weess scho ganz genau den Ënnerschied tëscht Antrëg, déi aus der Landwirtschaft sinn, an Antrëg, déi aus dem Ofwaasser kommen, Madamm Modert.

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Jo, mee Dir sot et awer net ëmmer esou.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci dem Rapporteur. A merci och der Madamm Modert.

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dir maacht ëmmer Pestiziden aus der Landwirtschaft.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Si schéng sech eens ze sinn, dass net d'Landwirtschaft aleng schëlleg ass. Voilà. Dat schéngt sech also in Wohlgefallen opzeléisen.

An dofir loosse ech elo dem Här Aly Kaes d'Wuert, deen dat warscheinlech och wäert bestätegen.

**Discussion générale**

**M. Aly Kaes** (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Ben, effektiv, mir hunn den Owend zu spéider Stonn nach e ganz, ganz wichtige Projet, do ass guer keen Zweifel. Wa mer wëllen eis Flëss a Baachen an dësem Land an dee beschtméiglechen Zoustand bréngen, jo, da muss mer alles maachen, fir datt dat soll Realitéit ginn. Mir hu sécher an der Vergaangenheet, an deene leschte Joren, an enger ganzer Rei Regioune vill, vill verbessert. Mir hunn awer nach e gewëssenen Nohuelbedarf. An duerfir ass et ganz wichtig, wéi gesot, datt déi Beggenger Kläranlag, déi manifestement iwwerlaascht ass mat deenen 210.000

Awunnergläichwäerter, déi elo maximal do kënnen traitéiert ginn, op 450.000 Awunnergläichwäerter erweidert gëtt.

Jidderee weess awer, datt, wann esou eng substaanzuell Erweiderung geschitt, een da quasi vum Bau vun enger neier Kläranlag schwätze kann. Dat ass nämlech d'Realitéit, wann een e bësse Bescheid iwwert d'Kläranlage weess, dann ass dat einfach esou. Dat gëtt zwar gesot, well déi Awunnergläichwäerter, déi do sinn, ginn a sech net méi kofinanzéiert vum Staat. An duerfir gëtt a sech virun allem d'Erweiderung kofinanzéiert. Dat ass eebe sou. Ben, dat ass net onbedéngt gutt, awer et ass eebe sou, wéi et fonctionéiert.

Ech wëll awer och net weider dodrop agoen. Ech wëll mer erlabe, dem Här Benoy villmools Merci ze soen fir säi schréfftlechen a mündlechen Rapport. An ech wëll ganz kloer soen, datt d'CSV dee Projet hei ganz sécher stëmme wäert, well et e ganz wichtege, wéi scho gesot, e ganz wichtige Projet ass.

Ech wëll awer op zwou Saachen agoen. Ech wëll nach eng Käier erklären, datt dat, wéi de Staat de Moment de Kofinanzement mécht, am ländlechen Raum einfach, jo, net méi finanziell ze droen ass. Déi Gemengen, déi am ländlechen Raum sinn, kënnen dat net méi droen. An ech wëll dat unhand vun engem Beispill maachen: Wann ech elo ëmrechnen, d'Kläranlag zu Beggen, dat sinn eng 670 bis maximal 700 Euro pro Awunnergläichwäert. Dann ass souguer schonn déi véiert Rengegungsstuf dran.

Wann ech awer aner Kläranlage kucken, vill méi klenger natierlech wéi déi Beggenger, déi zu Nuechtmanscht zum Beispill: 250 Awunnergläichwäerter, e sensibelt Gebitt, matten an der Natur; jo, da kascht do en Awunnergläichwäert 5.000 Euro, dat ass eng Realitéit. Just d'Kläranlag! Ech kommen do drop. Wann ech Nengse kucken, kascht se 8.570 Euro den Awunnergläichwäert. Ech kéint och esou virufieren. Donkels: 6.700 Euro, a sou weider. A wann ech dann natierlech op d'Bleesbréck ginn, déi gréisst Kläranlag, déi de SIDEN betreit, do sinn et – deemnächst oder elo schonn – 130.000 Awunnergläichwäerter, da geet dat massiv erof op ënner 1.000 Euro.

Et gesäit een also ganz kloer, datt, wa vill Awunnergläichwäerter op enger Plaz zesummelafen, da geet dat manifestement erof.

Dat ass awer an engem ländlechen Raum net méiglech, aus villen Ursaachen. Eng vun den Haaptursaachen – an dat ass eng richtig Ursaach –, firwat net méi grouss Kläranlage gebaut ginn, ass, fir datt dat Ofwaasser, wat duerno an d'Baache leeft, an der Proportionalitéit net eng schlecht Situatioun vun där respektiver Baach mécht. Ech mengen, dat ass ganz wichtig. An duerfir kënnen déi Kläranlage gegebenefalls net méi grouss sinn, well soss einfach den Debit, deen an der Baach ass, an den Debit vum Ofwaasser a sech net an engem gudde Verhältnis sinn.

Ech mengen, duerfir muss mer wierklech – an ech hoffen do op eis nei Ministesch, obwuel jo do schonn Efforte gemaach ginn, ech wëll dat direkt erwänen an ech sinn iwwerzeegt, datt d'Madamm Ministesch dat och wäert soen – vill méi maachen, well soss ass et fir déi Gemengen net méi ze stemmen. Wa mir vu 50 % oder 75 % schwätzen, da schwätze mir vun engem Plaffong vu Subventionnement a wa mer et dann an der Realitéit kucken, da si mer wäit ënner 50 % vun de reale Käschten, besonnesch och nach, wann ee weess, wéi d'Käschten evoluéieren.

Eng aner Saach ass déi ...

(Interruption par la présidence)

... an dann, dat nach ganz kuerz, dat ass a sech déi, datt déi véiert Rengegungsstuf net iwwerall Sënn



mécht, well a klengen, ganz klengen Anlagen ass se bal net ze bezuelen a se fonctionéiert och technesch net optimal. Dat heescht, et muss een eng bestëmmt Gréisst vu Kläranlag hunn, fir déi véiert Rengegungsstuf anzesetzen.

Dat ass natierlech zu Beggen de Fall, dat ass op der Blesbréck de Fall, dat ass op villen anere Plazen de Fall, mee dat ass awer och erëm eng Kéier am ländleche Raum net de Fall.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Duerfir ass et gutt – ech wëll dat ganz kloer soen –, datt awer am Waasserwirtschaftsamt en Ëmdenke geschitt ass, datt do, wou et ze verhënneren ass, ganz kleng Kläranlagen a sech net méi propagéiert ginn, mee datt versicht gëtt, déi mat anere Kläranlagen zesummenzeleeën, do wou och eng Baach ass, déi dat verdréit. An dann ass et, mengen ech, och méiglech, an der Zukunft iergendwann déi véiert Rengegungsstuf anzesetzen an domadder Medikamenteréckstänn, Pestiziden an all dat, wat den Här Benoy schonn opgezielt huet, wat ech elo net nach eng Kéier wëll opzielen, a sech ze eliminéieren.

*(Interruption par la présidence)*

An deem Sënn halen ech op, well ech si jo schonn iwwer meng Zäit. Ech géif awer nach e bësse virufueren. Ech hätt nach ...

**Une voix** | Mir léinen Iech e puer Minutten.

**M. Aly Kaes** (CSV) | ... sou munches ze soen, mee ech maachen dat dann ...

*(Hilarité)*

Dir braucht Iech net opzereegen, Här Di Bartolomeo, ech halen direkt op. Ech soen och villmools Merci fir d'Nolauschteren an natierlech nach eng Kéier: Mir stëmmen dese Projet mat.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kaes. An den nächste Riedner steet scho prett, an dat ass den honorabelen Här Gusty Graas.

**M. Gusty Graas** (DP) | En ass schonn do. Merci, Här President. Et ass jo en oppent Geheimnis – a meng Virriedner hunn dat jo och ënnerstrach –, datt d'Qualitéit vun eise Gewässer hei zu Lëtzebuerg alles anescht wéi optimal ass, an dat huet sech an deene leschte Joerzénge net enorm verbessert.

Ech mengen, wa mer dat e bësse kucken, mir hunn u sech hei zu Lëtzebuerg keen Iwwerflächegewässer, bei deem ee ka soen: Prädikat „ganz gutt“. Mir hunn 23 % vun de Gewässer, déi an engem schlechte bis ganz schlechten Zoustand sinn, a wa mer nëmmen de cheemesche Parameter géifen huelen, dann hu mer iwwerhaupt kee Gewässer hei zu Lëtzebuerg, wat an der Rei ass. An de Fëschbestand, dee jo en exzellente Bioindikator ass, gëtt dat am beschten hier. Wann een d'Artenvielfalt hält, dann ass déi extreem geréng ginn an deene leschte Joerzénge, esoudatt ouni Zweifel nach enorm Efforten musse gemaach ginn.

Ech mengen, d'Ursaache si bekannt, virdrun ass de Rapportier schonn drop agaangen: sief dat Wuessstum, sief dat ongekläert Ofwässer vun Haushalter oder vu Betriber, sief et d'Notze vu Pestiziden. Ech muss elo oppassen, wat ech soen, net datt d'Madamm Modert elo hei erëm nervös gëtt, mee dat ass awer hiert gutt Recht.

*(Hilarité)*

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Wann Dir dat richtig sot, Här Graas, dann ...

**M. Gusty Graas** (DP) | Jo, duerfir soen ech léiwer näischt. Ech si vläicht net fachmännesch genuch, da soen ech léiwer näischt ...

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Et ass och ... Dont acte.

**M. Gusty Graas** (DP) | Bon, da si mer natierlech awer och ganz séier beim Projet vun haut. Dat ass en extreem importente Projet. Dat ass méi wéi eng Verduebelung vun der Kläranlag vu Beggen. Dat huet natierlech seng Ursaach an dat ass engersäits de Wuessstum vun der Stad Lëtzebuerg. Madamm Buergermeeschter, ech mengen, Dir sidd elo bal op 130.000 Awunner.

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Mir sinn driwwer!

**M. Gusty Graas** (DP) | Dir sidd schonn driwwer! An dann hu mer Gemenge wéi Bartreng, wéi Stroossen, wéi Leideleng, déi jo och net méi kleng gi sinn an déi och an Zukunft nach wäerte wuessen, soudatt et u sech eng Selbstverständlechkeet ass, datt d'Kläranlag Beggen huet hei missen onbedéngt ugepasst ginn.

Dat hei ass awer e ganz interessante Projet, well et och eng Rei Nouveautéiten gëtt, an ech kommen natierlech direkt op déi wichtegst Nouveautéit ze schwätzen. Dat ass déi véiert Klärstuf. Dat ass jo u sech dann awer en Novum, kann ee soen, datt mer endlech och hei zu Lëtzebuerg op dee Wee ginn.

Et ass nu leider eng Tatsaach, datt mer extreem vill Medikamenteréckstänn an eise Gewässer hunn. Et gëtt geschätzt, datt dat plus ou moins 3.000 verschiddener sinn. Mir hu Problemer mat PCPen. Dat sinn déi „personal care products“ wéi Shampoing, Seef a sou weider, wou mir jo och alleguer derzou bäidroen, datt där sou vill wéi méiglech an eis Gewässer kommen, an dowéinst ass déi véiert Stuf also méi wéi wichteg. Ënner anerem sinn et och Kontrastmëttel, zum Beispill vun de Radiologien, déi jo entre-temps och ëmmer méi an den Ofwässer festgestallt ginn, an dann natierlech awer och Mikrofaseren aus der Kleeung.

D'Schwäizer hunn eis jo do scho viru Jore virgemaach, wéi een am Fong déi véiert Klärstuf kann amenagéieren, dowéinst ass et och gutt, datt mer elo op dee Wee ginn.

Eng zweet wichteg Neierung ass natierlech de sougenannten „SBR-System“, deen ech och elo hei net wëll verdéiwen. Et ass am Fong geholl eng méi vertikal Notzung vum Waasser, wat dann eeben duerch d'Biologie soll dann och dee Moment gerengegt ginn.

Natierlech – an et ass och virdrun hei schonn ugeschnidde ginn – musse mer och oppassen, datt de Vorfluter net iwwerméisseg mat dem gekläerten Ofwaasser belascht gëtt. Ech sinn do, wéi gesot, och kee Spezialist, mee fir e Laie klénge datt awer e bësse speziell, datt eng Kläranlag e Vorfluter – an deem Fall ass dat d'Uelzecht – am Endeffekt nach méi ka belaschten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer iwwert d'Kläranlag hei schwätzen, da si mer natierlech och ganz séier beim Klärschlamm, an do hu mer natierlech enorm Problemer hei zu Lëtzebuerg. Mir wëssen dat schonn zënter Joren. Ech wëll dat och elo net hei verdéiwen. Ech mengen, do lafe jo och déi néideg Etüden. D'Madamm Minister huet jo do och schonn eng Rei Erklärungen an der leschter Kommissiounssitzung ginn, mee et ass enorm wichteg, datt mer eis deem Problem esou séier wéi méiglech unhuelen, well d'Exploitanten vun der Kläranlag Begge wäerten domadder och direkt elo konfrontéiert ginn.

Duerfir ass et och gutt, datt hei eng Dréchnungsanlag gebaut gëtt. Ech mengen, et soll een iwwerhaupt kucken, datt déi gréisser Kläranlage sollen op de Wee goen, fir Dréchnungsanlagen ze bauen, wat de Problem dann awer vläicht deelweis minimiséiere kann.

Ech wëll dann och nach op den Artikel 3 hiweisen, deen am Fong geholl d'Marchés-publics-Gesetz extra wéinst der Kläranlag Beggen ofännert, well dee Projet jo iwwer zéng Joer erausgeet. Ech mengen, dat ass awer eng Saach, déi mir mat Sécherheet och wäerten ënnerstëtzen.

Erlaab mir och zum Schluss dann awer nach, eng Remark méi allgemenger Natur ze maachen. Dat geet e bëssen an d'Richtung vum Här Kaes. Mir hunn natierlech den Taux de participation vum Staat an de leschte Jore progressiv erofgesat. Dat hat och seng Ursaachen: Ech mengen, mir waren an de Joren 2013 bis 2014 an enger finanzieller Situatioun hei zu Lëtzebuerg, déi eebe méi ugespaant war. Dunn ass dee sougenannten Zukunftspak jo zréckbehalde ginn an ënner anerem ass och déi heite Moossnam geholl ginn.

Ech mengen awer, de Punkt ass komm, wou mer eeschthaf mussen erëm eng Kéier driwwer diskutéieren, ob déi Tauxen net erëm mussen no uewen adaptéiert ginn, well et ass jo eng Rei vu Lokalpolitiker hei an déi wëssen dat vläicht, datt den Asaz, d'Sensibilitéit, fir nei Kläranlagen ze bause respektiv fir Kläranlagen auszebauen, manner grouss ginn ass déi lescht Joren, well et eeben u finanzielle Mëttel feelt.

A wat musse mer maachen? Mir mussen dat op den Ennpräis vum Waasser inputéieren an da wësse mer jo awer och, wat dat erëm dobausse bedeit, well jo d'Waasser, obwuel ... dat soen ech elo mol hei, ech weess, datt ass net onbedéngt politesch ganz flott, wat ech elo hei soen, mee ech sinn nach wie vor der Meinung, datt d'Waasser hei zu Lëtzebuerg awer bëlle ass fir dat, wat ee geliwwert kritt. Ech weess, datt dobaussen aner Leit anerer Meinung sinn, dat ass awer och hiert gutt Recht. Et ass mer och egal.

*(Hilarité)*

Mee ech mengen awer, ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mir hu keng Inflatoun am Moment!

**M. Gusty Graas** (DP) | ... mir solle wierklech déi Diskussioun, Madamm Minister, nach féieren, fir eeben och hei awer elo emol eng Kéier erëm un déi Tauxe fréckelen ze goen, net no ënnen, mee no uewen, well mir hunn nach ganz grouss Retarden hei zu Lëtzebuerg um Niveau vum Kläranlagebau. Dofir brauch ee kee Spezialist ze sinn, do brauch een nëmmen e bësse laanscht d'Gewässer ze trëppelen, da gesäit een, wat lass ass, an do kritt een heiansdo Tréinen an d'Aen, wann ee gesäit, wat sech ronderëm d'Baachen an d'Flëss ofspillt. Dowéinst, wéi gesot, ass dee Projet hei extreem gutt. Et ass eng Fortféierung vun där Politik, mee si muss nach eng zousätzlech Dynamik kréien, a selbstverständlech bréngen ech och d'Zoustëmmung vun der DP.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Graas. Dir hutt manner iwwerzu wéi den Här Kaes an domadder géif ech d'Wuert weiderginn un den honorabelen Här Carlo Weber.

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Här President, léif Kollegeginnen a Kollegegen, ech gouf elo siwemol gewarnt, ech dierft net iwwerzéien. Merci dem Rapportier François Benoy fir déi ausféierlech Rapporten. Am Walprogramm vun der LSAP stoung 2018, d'Kläranlage misste virun ausgebaut ginn. Nëmmen esou kënne mer dem Wuessstum vun der Gesellschaft Rechnung droen, am Aklang mat proppere Gewässer an der Natur.

En anere Punkt am Programm war och, datt d'Kläranlage staatlech misste gefërdert ginn. Ech denken hei och un eng zousätzlech véiert Rengegungsstuf. Esou kënne schiedlech Réckstänn vu Medikamenter, Pestiziden an och Mikroplastik aus dem Ofwaasser gefiltert ginn.

D'Investitiounen an d'Kläranlage waren a sinn och dowéinst esou wichteg, well an dësem Beräich laang Zäit net genuch geschitt ass. Ech erënneren hei un d'Strofen a Milliounenhéicht, déi Lëtzebuerg bis 2018 un d'EU huet musse bezuelen, well d'Ofwaasserriichten net respektéiert goufen.

D'Kläranlag vu Lëtzebuerg-Beggen ass haut déi gréisst am Land. Mat dësem Gesetzesprojet gëtt d'Capacitéit méi wéi verdoubelt, an duerch déi zousätzlech véiert Rengegungsstuf gëtt d'Effikassitéit verbessert: Alles wichteg Elementer, déi zur Verbesserung vun eise Waasserqualitéite bäidroen. D'LSAP gëtt heizou natierlech den Accord.

Här President, meng Iwwerleeunge ginn an d'Rich-tung vu menge Virgänger, souwuel vum Aly wéi vum Gusty: D'Präsideierecht an de Mangel un Aarbechtskräfte wäerten dëse Projet, grad wéi vill aner Projeten elo dobaussen, negativ begleeden. An de Gemenge gouf déi lescht Jore vill an de Waasserberäich investéiert. Et bleiwen eigentlech Chantieren, déi ni ofgeschloss ginn.

Bei der Kläranlag Lëtzebuerg-Begge schwätze mer vun enger véierter Stuf, mee vill, ganz vill Gemengen hei am Land kënne sech deen Invest net leeschten. D'Planunge ginn elo an d'Längt gezunn an d'Budgete gi gestreckt.

Dat geet elo leider op d'Käschte vum Waasserschutz. All Joer, wärenddeem viru Pestiziden, Mikroplastik a Réckstänn vu Medikamenter an eis Gewässer lafen, ass e verluerent Joer fir Mënsch, Déier an Natur.

Ech ka mech erënneren, viru 15 Joer, déi Zäit, wéi ech am Schafferot war an der Gemeng Wëntger, hu mer vun 90 % Subside beim Bau vu Kläranlage geschwat. Saitdeem, wéi meng Virgänger et gesot hunn, sinn d'Subside schrittweis bis op 50 %, deelweis manner, erofgaangen. Zu deem Moment sollt den Drock op d'Gemengen erhéicht ginn, fir d'Gemengen ze fuerderen, d'Projete schnellstméiglech ëmzesetzen, fir vun deem erhéichte Prozentsaz ze profitéieren.

Elo si mer an enger ganz anerer Situatioun. Fir datt mir elo net zum Stillstand kommen, och duerch déi aktuell finanziell Situatioun, wier et wichteg, am Waasserfong d'Héicht vun de Subsiden nach eemol ze iwwerdenken. Dëse Gedanke wëll ech eiser Madamm Ministesch mat op de Wee ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Carlo Weber** (LSAP) | D'Waasser spillt ëmmer méi eng wichteg Roll dobaussen. Héich Temperaturen an Dréchenheet, déi mer soss am August erlieft hunn, begleeden d'Aktualitéit elo ewell Mëtt Juni. Dat ass net normal! Deemno ass de Staat hei gefuerdert, Verantwortung ze iwwerhuelen.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Weber. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Ech probéieren dann, nach daitlech méi schnell hei fäerdeg ze ginn.

Ech wëll dem Rapportier Merci soe fir de Rapport, an natierlech stëmme mir dat heiten och mat. Ech wëll och hei dat begrëssen, wat déi Leit viru mer gesot

hunn, meng Virriedner. A mir kënne eis do natierlech bal allem oder allem uschlëssen.

Vläicht zwou Iwwerleeunge nach: Dat eent, dat ass effektiv déi mam Klärschlamm, mat deem mer am Moment de Problem hunn. Bon, et gëtt awer eng Firma, net wäit vun Dikrech ewech, déi huet e Konzept, fir dat ze benotzen, wou et vläicht Méiglechkeete gëtt. Ech wëll awer elo net weider drop agoen.

An dat anert, dat ass einfach eng Iwwerleeung, déi een awer trotzdeem kann hunn, wann een d'Zuele gesäit, op jiddwer Fall déi Leit, déi vläicht esou al si wéi ech oder nach méi al. Wann een awer bedenkt, 450.000 Équivalents-habitants fir d'Gemeng Lëtzebuerg, dat ass jo awer enorm. Ech mengen, et ass nach net esou laang hier, do hate mer am Land knapps 400.000 Awunner.

*(Interruption)*

Natierlech sinn hei och ... et si jo net nëmme d'Awunner, déi op d'Toilette ginn. Et sinn och d'Fron-talieren an d'Touristen. Mee ech mengen, dat weist awer, wéi staark de Wuesstum ass a wéi staark mer de Bevëlkerungswuesstum nach erwaarden a wéi deier, ...

*(Interruptions)*

... wéi deier en och wäert ginn an Zukunft.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Keup. An nächst Riednerin ass déi ...

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Här President, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | ... honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Här President, dierf ech just dem Här Keup awer eppes soen? Ech mengen, en hat dem Här Benoy net gutt genuch nogelauschert. Well et ass net nëmme d'Stad Lëtzebuerg, et ass och Bartreng, et ass och Stroossen, et ass och Leideleng, et ass och Riedgen, ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, jo. Ech weess, jo.

**Mme Lydie Polfer** (DP) | ... et ass de ganze Findel an – dat hutt Der ugeschwat – et sinn all déi Leit, déi haut iwwer 120.000, ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo.

**Mme Lydie Polfer** (DP) | ... déi an d'Stad schaffe kommen. Also et ass net nëmme ... Macht de Leit et, wannechgelift, net onnéideg ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Genau. Et ass richtig, jo.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci fir déi Prezi-sioun. An dann huet d'Madamm Cecchetti d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, als Alleréisch emol dem Rapportier e grouse Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rap-por.

Ech gi ganz kuerz just op dräi Punkten an. Deen éischte Punkt ass de Waasserbewirtschaftungsplang, aus deem ganz kloer ervirgeet, datt mer e ganz, ganz grouse Retard hunn, wat eis Kläranlagen ugeet. Am leschte Plang sollte 37 Kläranlage gebaut ginn, mir hunn et op siwe bruecht. Et sollten 61 Anlage moder-niséiert ginn, mir hunn et op sechs bruecht.

Also ech mengen, do musse mer nach e bësse Gas ginn. Well et muss ee sech virstellen: Et ass eng Popu-latioun esou grouss wéi ganz Diddeleng, déi net un eng Kläranlag ugeschloss ass. A 50 % vun de Kläran-lagen hunn och nach keng biologesch Phas. Also mir hunn do wierklech nach ganz, ganz grouss Retarden nozhuelen. An dat kascht alles och ganz, ganz vill Geld, wéi mer dat hei jo gesinn.

Zweetens muss een awer och soen, datt d'Kläranlagen och net all d'Stoffer kënne aus dem Waasser eraus-huelen an datt et ëmmer méi grouss an ëmmer méi komplex gëtt an datt een dofir awer wierklech muss oppassen, datt esou Rejeten direkt à la source eliminé-ert ginn. Dat heescht, datt se guer net bis an d'Waa-ser kommen. Dat heescht, do mussen och gesetzlech Basisen – dat kënne mir net aleng maachen – op EU-Niveau geschafe ginn, fir datt iwwerhaupt dee ganzen Dreck, soen ech elo mol, net an eng Kläranlag kënnt. Dat heescht, datt aneschtens, vill méi propper produ-zéiert gëtt.

An drëtters ass et awer effektiv och d'Fro – an déi ass och schonn hei vun zwee Virriedner gestallt ginn – vum Finanzement vun esou enger Kläinfrastruktur. Duerch de Prinzip vum der Käschendeckung ris-kéiere mir jo elo, ëmmer méi héich Waasserpräisser ze kréien am Land. D'Gemengen an d'Gemengesyndi-kater mussen datt iwwert de Waasserpräis finanzéieren, well wou solle se soss d'Suen hierkréien? A mir wëssen awer och, datt vill Stéit mëttlerweil och scho Problemer hunn, d'Enner zesummenzekeréien. Dat heescht, fir eis ass d'Waasser e Grondrecht a misst eigentlech gestaffelt sinn: Wat ee méi brauch, wat ee soll méi bezuelen. Mee et misst awer e Grondrecht sinn, datt ee weinstens dat, wat ee wierklech brauch all Dag, awer kann hunn an dierf hunn. An dofir misst mer wierklech un aner Finanzéierungsmodel-ler denken, déi eebe méi sozial an ekologesch Iwwer-leeunge abezéien. Voilà.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Mir wäerten dat och haut matstëmme. Ech mengen, d'Madamm Polfer huet eis et un d'Häerz geluecht, an ech kann Iech jo näischt ofleenen. Et ass e super ...

**Une voix** | O!

*(Interruptions)*

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Gären. Dat ass e super Projet. An dofir wäerte mir en och haut matstëmme. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Très bien! Merci!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert.

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Madamm Ëmwelt-ministesch Joëlle Welfring. Madamm Welfring, Dir hutt d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

**Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Merci, Här President. Voilà. Nach eng Kéier gudden Owend. Et geet haut an dësem Fall ëm ...

**Une voix** | Elo kënnt Der gläich Nuecht soen.

*(Hilarité)*

**Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Jo, jo. Ech hunn eng ganz laang Ried.

*(Hilarité)*

Nee, et ass gutt. Éléments de langage hunn ech hei, mee déi si kuerz. Voilà.

Generell Informatiounen wëll ech Iech ginn iwwert dëse Projet. An zwar geet et, wéi gesot, ëm d'Kläranlag zu



Beggen, eis gréisste Kläranlag am Land. An déi wäert duerch dësen Ausbau nach weesentlech méi grouss ginn, méi wéi duebel sou grouss. An déi geet vun 210.000 Awunnergläichwäerter op 450.000 Awunnergläichwäerter erop.

D'Stad Lëtzebuerg huet 128.000 Awunner, an déi ginn am Dag méi wéi verduebelt. Dat heescht, et ass wichtig, dass mer den Ausbau hei maachen. Mir wëssen, dass mer e staarke Bevëlkerungswuesstum hunn, a mir mussen an d'Zukunft kucken. Den Zoustand vun eise Gewässer ass elo scho gutt beschriwwen gi vu menge Virriedner, an ech denken, dass dat heiten e ganz wichtige Projet ass, genau wéi meng Virriedner och.

Wéi gesot, et geet net nëmmen ëm d'Ofwaasser vun der Stad Lëtzebuerg, mee och vun den Nopeschgemenge Bartenreng, Stroossen, Leideleng, Deeler vu Sandweiler a vun der Uertschaft Riedgen.

Et ass och net den éischten Ausbau vun där Kläranlag. Dës Kläranlag ass 1920 gebaut ginn an ass duerno bis elo schonn zweemol vergréissert ginn. An et ass och elo schonn e Projet amgang. Dat heescht, dat wär elo den drëtten groussen Ausbau.

De Projet leeft bis 2028. An déi véiert Klärstuf, déi gëtt, laut der Projektsplanung, 2030 bäigebaut.

Duerch dat Finanzéierungsgesetz hei wäert de Staat een Deel vun de Käschten iwwerhuele fir d'Erhéijung vun den Awunnergläichwäerter a fir de Bau vun der véierter Klärstuf. Dat sinn déi zwee Elementer, déi ganz wichteg sinn, déi eis erlaben, eeben hei och eppes bäizeginn.

De Projet kascht am Ganzen 295 Milliounen Euro. An d'Finanzéierungsgesetz ass an Héicht vun 118 Milliounen Euro gestaffelt. Déi déckst Käschte gi vum Waasserfong gedroen.

Dës Moderniséierung ass eng ganz wichteg Moossnam, fir d'Qualitéit vun eise Gewässer ze verbesseren an och op e gudden ökologeschen Zoustand hinzeistere. D'Uelzecht muss geschützt ginn! An déi véiert Klärstuf, et ass scho gesot ginn, hëlleft, fir d'Eliminatioun vun de Mikroschadstoff méiglech ze maachen an och Ofbauprodukter vun de Medikamenter, Pestiziden an aner Schuedstoff ofzebauen.

D'Madamm Cecchetti huet ganz Recht: Et gëtt aner Weeër, fir och dote Zorte vu Polluanten ze reduzéieren. An awer hu mer duerch eis Liewensweis an och, mengen ech, den Alter vun der Bevëlkerung tatsächlech ëmmer méi Medikamenteréckstänn an eisen Ofwässer, wou mer net wierklech vill maache kënnen. Et ginn och aner Projete probéiert wéi dezentral Virklärung, lokal bei Spideeler oder bei Altersheimer. Dat sinn och Iwwerleeungen, déi am Moment amgaange sinn.

Hei si mer elo bei engem groussen Anzuchsgebiet, wou wierklech och den néidegen Ausbau muss gemaach ginn.

Voilà. Et ass awer och net déi eenzeg Kläranlag, déi esou en Ausbau elo gesäit, an déi véiert Klärstuf muss och op anere grouss Kläranlage virgesi ginn. D'Waasserverwaltung huet zesumme mat Gemengen Etüde fir déi 13 gréisste Kläranlagen duerchgefouert, wou nämlech och esou eng Ausbaustuf da virgesinn ass.

Voilà! Eng aner Source vu Polluanten, déi awer och an d'Geld schléit, wa mer dat wëlle wierklech och

aus dem Wee raumen – an et ass definitiv néideg, ech ginn Iech do Recht, dass mer hei mussen weiderhi Gas ginn –, dat sinn d'Siidlungswaasserinfrastrukturen an d'Reeniwwerlafbecken. Soulaang mer nach op ville Plazen eng Mëschkanalisatioun hunn, ass dat en eeschte Problem. Grad no engem staarke Reen, virun deem laang dréche war, kënnt do wierklech e grouss Stouss op eis Gewässer zou, dee wierklech eeschtzehuelen ass. Dat heescht, mir mussen wierklech och Efforte maachen, fir Trennsysteme anzeféieren, wat och en deiert Unterfangen ass.

Voilà! D'Finanzéierung, ech hunn et gesot, muss och konform zum Waassergesetz sinn. Dat heescht, 50 % vun de Käschten. Am Fall vun der Kläranlag Begge sinn dat bal 96 Milliounen, op Basis vum ausgeschaffte Projet. Fir innovativ Techniken kann de Waasserfong 75 % vun de Käschte ginn. An dësem Fall ass dat eeben eng Aktivuel kombinéiert mat enger Ozoneierung. An d'ofir gëtt et dann 21 Milliounen Subsid.

D'Stad Lëtzebuerg hat schonn e separat Engagement vum Staat an Héicht vun 11 Milliounen Euro kritt. Dat heescht, dat leeft op e Subsid vun 106 Milliounen Euro eraus. A wann een dee mam aktuelle Bautenindex héichrechent, da kënnt een op 118 Milliounen Euro. Dat ass also de Montant vun deem Projet de loi, ëm den et haut geet.

Voilà! D'Präsideierrecht gouf schonn ugeschwat an och d'Problematik vun de spezifeschen héije Käschte vu méi klengen Kläranlagen vum Här Kaes. An en huet och ganz Recht domat. Dat ass definitiv och e Souci, deem mir eis bewosst sinn. Et gouf probéiert, deem entgéintzewierke mat der Neiberechnung vun de Forfaiten, woubäi probéiert ginn ass, de Präisevolutiounen an de leschte Jore Rechnung ze droen. An och ass bei méi klengen Kläranlagen, also bei ... Jo. Bei der Iwwerschaffung vun deem Forfait goufen och d'Ausbaugréisste respektéiert, fir där Problematik e bëssen entgéintzewierken.

Et ass mer kloer, dass dat e groussen Effort ass fir kleng Gemengen. An et ass och sécher, dass mer heiru wäerte weiderschaffen an eis iwwerleeën, wéi een eventuell mat Konzepter, wou mer probéieren, méi zentral Léisungen an och e besseren Equiliber zwëschen ganz weenege groussen, zentrale Kläranlagen an enger Multitud vu ganz klengen e gudde Mëttelwee ze fannen, fir do, ech denken, och nach e Präis pro Awunnergläichwäert, den traitéiert gëtt, ze kréien, dee verträglech ass.

Fir elo ze soen: „Mir setzen d'Tauxen an d'Luucht“, do si mer, wéi jo och scho gesot ginn ass, eeben och vun eise Waassergesetz limitéiert, wou mer jo natierlech och en Deckungspräis mussen hei erbäifeieren, ...

(Interruption)

... e Käschte Deckungspräis mussen mer hei erbäifeieren. Dat heescht, mir sinn och hei limitéiert mat deene Moyenen, déi mer hunn.

Voilà! Ech mengen, et ass kloer, dass mer hei ... A wat ech nach wollt soen, ass och: Déi véiert Klärstuf, déi gëtt och net bei alle Kläranlagen verlaangt. Déi gëtt haaptsächlech eebe bei deene groussen an enger éischter Etapp verlaangt. Dat heescht, déi ganz deier Präisser wäerten och net onbedéngt op déi ganz kleng Gemengen do zoukommen.

Voilà. Ech mengen, ech kommen zum Schluss vun deem, wat ech haut wollt soen. Haut geet et

wierklech drëm, ee weidere Schrëtt ze maachen an eng Richtung vun engem gudden ökologeschen Zoustand vun eise Gewässer. An d'ofir géif ech Iech bidden, dësem Projet hei zouestëmmen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7973. Den Text steet am Document parlementaire 7973<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7973 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegoholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Félix Eischen), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Gilles Roth), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Octavie Modert), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par Mme Cécile Hemmen), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

**Plusieurs voix** | Al!

**M. Fernand Etgen, Président** | Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 28., 29. an 30. Juni virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 21.34 heures.)

## Sommaire

- 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 59**  
M. Fernand Etgen, Président
- 2. Communications ..... p. 59**  
M. Fernand Etgen, Président
- 3. Ordre du jour ..... p. 60**  
M. Fernand Etgen, Président
- 4. Changement de composition de commissions parlementaires ..... p. 60**  
M. Fernand Etgen, Président
- 5. Dépôt d'une résolution par Mme Carole Hartmann ..... p. 60**  
Exposé : Mme Carole Hartmann (intervention de M. Charles Margue)
- 6. 8004 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant 1<sup>er</sup> dérogation temporaire à certaines dispositions en matière de droit du travail en relation avec l'état de crise lié au Covid-19 ; 2<sup>e</sup> modification du Code du travail ..... p. 61**  
Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Dan Kersch  
Discussion générale : M. Marc Spautz | Mme Carole Hartmann | Mme Djuna Bernard | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8004 et dispense du second vote constitutionnel
- 7. 7913 – Projet de loi modifiant l'article 33 de la loi modifiée du 10 décembre 2009 relative à l'hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux ..... p. 62**  
Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue  
Discussion générale : Mme Diane Aehm | Mme Cécile Hemmen  
Prise de position du Gouvernement : M. Sam Tanson, Ministre de la Justice  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7913 et dispense du second vote constitutionnel
- 8. 8018 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 juin 2020 portant introduction de certaines mesures temporaires relatives à l'application de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration ..... p. 63**  
Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile : M. Yves Cruchten

- Discussion générale : M. Claude Wiseler | M. Gusti Graas | Mme Stéphanie Empain | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8018 et dispense du second vote constitutionnel (intervention de M. Laurent Mosar et M. Sven Clement)
- 9. Résolution de Mme Carole Hartmann concernant la conservation du principe de l'autodétermination en cas d'IVG ..... p. 64**  
Discussion générale : M. Sven Clement | Mme Martine Hansen | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | Mme Josée Lorsché (intervention de Mme Myriam Cecchetti) | Mme Cécile Hemmen  
Vote sur la résolution (adoptée)
- 10. Question élargie n° 152 de M. Laurent Mosar relative aux rescrits fiscaux ..... p. 66**  
M. Laurent Mosar | Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | M. Laurent Mosar | Mme la Ministre Yuriko Backes
- 11. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des mesures pouvant contrecarrer la hausse des prix des carburants ..... p. 67**  
Exposé : M. Gilles Roth  
Débat : M. Max Hahn (interventions de Mme Martine Hansen, M. Fernand Kartheiser et M. Mars Di Bartolomeo) | Mme Cécile Hemmen (intervention de Mme Martine Hansen) | M. François Benoy (intervention de M. Gilles Roth) | M. Fred Keup (interventions de M. Dan Kersch) (dépôt de la motion 1) | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement  
Prises de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | M. Gilles Roth (parole après ministre) | M. Aly Kaes (parole après ministre) | Mme la Ministre Yuriko Backes (interventions de Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar et M. Dan Kersch) | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie (interventions de M. André Bauler) | M. Sven Clement (parole après ministre) | Mme Myriam Cecchetti (parole après ministre) | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Turmes (intervention de M. Aly Kaes)  
Motion 1 : M. Gilles Baum | M. Gilles Roth (interventions de Mme Martine Hansen et M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie)  
Vote sur la motion 1 (rejetée)
- Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Claude Turmes, Mme Sam Tanson, M. Georges Engel et Mme Yuriko Backes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.30 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Nee, Här President.

## 2. Communications

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech hu follgend Kommunikatiounen ze maachen:

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten a vun de Propositions de loi, déi säit der leschter Sitzung deponéiert a gestrach gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

**Communications du Président – séance publique du 28 juin 2022**

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

8030 – Projet de loi portant modification :

1<sup>er</sup> de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2<sup>e</sup> de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 15/06/2022

8031 – Projet de loi portant modification :

1<sup>er</sup> de la loi modifiée du 12 novembre 2002 relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance, et 2<sup>e</sup> de la loi modifiée du 22 février 1988 organique de l'enregistrement

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 20/06/2022

8032 – Projet de loi complétant le Code pénal par l'introduction d'une circonstance aggravante générale pour les crimes et délits commis en raison d'un mobile fondé sur une ou plusieurs des caractéristiques visées à l'article 454 du Code pénal

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 20/06/2022

8033 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 22/06/2022

8034 – Projet de loi relative à un régime d'aides pour la promotion du transport ferroviaire et fluvial

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 27/06/2022

3) La proposition de loi suivante a été retirée du rôle des affaires :

7589 – Proposition de loi portant modification de la loi du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale et portant modification :

1<sup>er</sup> du Code de procédure pénale ;

2<sup>e</sup> de la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État ;

3<sup>e</sup> de la loi du 10 décembre 2009 relative à l'hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux ;



4<sup>e</sup> de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

5<sup>e</sup> de la loi du 18 décembre 2015 relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire, et modifiant la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat ;

et portant abrogation :

1<sup>re</sup> de la loi du 29 mai 1992 relative au Service de Police Judiciaire et modifiant

1. la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire ;

2. le code d'instruction criminelle ;

3. la loi du 16 avril 1979 ayant pour objet la discipline dans la Force publique ;

2<sup>e</sup> de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police

Dépôt : M. Léon Gloden et M. Jean-Marie Halsdorf, Députés, le 19/05/2020

Retrait du rôle des affaires : 27/06/2022

4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2365 – Demande de pétition publique : Auswahlprozess für die öffentlichen internationalen Schulen: Verbesserung der Planbarkeit, der Auditierung und Transparenz

Dépôt : M. Martin Weinhold, le 14/06/2022

2366 – Demande de pétition publique : Allocation familiale

Dépôt : M. Patrick De Oliveira Matias, le 14/06/2022

2367 – Demande de pétition publique : Eng Petitouen, esou dass de Proprietär d'Agence selwer bezuele muss, genau wéi an eise Nopeschland. / Esou gi Wunnenge méi séier verlount. Et ass jo dem Proprietär iwwerlooss, iwwert d'Agence ze fueren. + gerecht vis-à-vis vum Locataire. / Et ass schwéier, als normale Locataire d'Kautioun ze bezuelen + frais d'agence.

Dépôt : Mme Tina Esch, le 15/06/2022

2368 – Demande de pétition publique : Staatsexamen

Dépôt : Mme Tina Esch, le 15/06/2022

2369 – Demande de pétition publique : Subvention de loyer incluse dans le REVIS

Dépôt : Mme Tina Esch, le 15/06/2022

2370 – Demande de pétition publique : Congé extraordinaire fir d'Kanner, wann d'Elteren oder een Elterendeel bestuet gëtt

Dépôt : Mme Mandy Melone, le 16/06/2022

2371 – Demande de pétition ordinaire : Pétition pour l'augmentation des limites actuelles de télétravail pour les frontaliers à 40%, soit 2 jours par semaine

Dépôt : Mme Katia Litim, le 15/06/2022

2372 – Demande de pétition publique : Allongement du congé de paternité à 1 mois

Dépôt : Mme Laure Colbrant, le 16/06/2022

2373 – Demande de pétition publique : Droit aux jours de congés supplémentaires pour les enfants gravement malades

Dépôt : Mme Fozia Chaib, le 16/06/2022

2374 – Demande de pétition publique : Indexation automatique des barèmes d'imposition

Dépôt : M. David Questiaux, le 17/06/2022

2375 – Demande de pétition publique : En Abri géint d'Sonn an de Reen fir Déieren op de Wisen, wéinstens een décke Bam, fir sech drënner ze leeën.

Dépôt : Mme Joëlle Welter, le 19/06/2022

2376 – Demande de pétition publique : Dans le but de pacifier les relations entre ex-conjoints et d'augmenter la vitesse des demandes de remboursements liées aux dépenses pour les enfants, le temps de remboursements de

sommes demandées de manière précise, justifiée et répétée doit être égal au temps entre l'émission de la facture et la réclamation à l'autre partie.

Dépôt : M. François Christian Jean-Marie Lange, le 19/06/2022

2377 – Demande de pétition ordinaire : Pétition ordinaire demandant d'établir des relations postales et diplomatiques avec l'Ordre de Malte

Dépôt : M. David Colling, le 13/06/2022

2378 – Demande de pétition publique : Réglementation relative aux chiens promenés

Dépôt : M. Marc Thilgen, le 22/06/2022

2379 – Demande de pétition publique : Chaque parc-mètre en ville devrait proposer la solution scan digicash pour payer le parking en alternative au mode de paiement classique en espèces en vigueur. Ce ne sont pas tous les parcomètres qui ont le système de paiement avec le terminal bancaire.

Dépôt : M. Pedro Coimbra, le 22/06/2022

2380 – Demande de pétition publique : Arrêter de donner de l'argent pour la fête du Grand-Duc (Freedefeier, Fête Nationale)

Dépôt : M. Pedro Alves, le 22/06/2022

2381 – Demande de pétition publique : Pour l'absence et protection des salariés (femmes ou hommes) recourant à la procréation médicale assistée (PMA) / Fir de Fraen e Congé de maladie ze erméiglechen am Zesummenhang mam Traitement vun der kënschtlecher Befruchtung

Dépôt : Mme Anabela Schleich, le 23/06/2022

2382 – Demande de pétition publique : Fir en nationale Plang fir d'Ëmsetzung vum Déiereschutzgesetz

Dépôt : M. Sacha André, le 24/06/2022

2383 – Demande de pétition publique : Plus de congé pour enfants malades / Il n'y a pas assez de congé pour enfants malades et donc quand un enfant est beaucoup malade, les parents doivent prendre congé ou ces jours ne sont simplement pas payés.

Dépôt : Mme Rebecca Mond, le 24/06/2022

2384 – Demande de pétition publique : 2 jours de télétravail par semaine pour tous, y compris les frontaliers

Dépôt : Mme Sabrina Litim, le 24/06/2022

2385 – Demande de pétition publique : Gratis Parking um Terrain vu Spideeler, Altersheemer, Foyers du jour, Maisons médicales etc.

Dépôt : Mme Mandy Michels, le 24/06/2022

2386 – Demande de pétition publique : Abolition du Conseil de Sécurité de l'ONU

Dépôt : M. Guido Amabili, le 26/06/2022

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, sou wéi d'Présidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

### 4. Changement de composition de commissions parlementaires

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt, hunn ech follgend Ofännerunge matgedeelt kritt:

An der Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes ersetzt d'Madamm Jessie Thill den Här François Benoy.

An an der Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense ersetzt den Här François Benoy d'Madamm Jessie Thill.

Gëtt et iergendwellech aner Ännerungsvirschléi? Ech gesinn, datt dat net de Fall ass. Ass d'Chamber mat dësen Ännerungen averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 5. Dépôt d'une résolution par Mme Carole Hartmann

Da géif ech d'Wuert un d'Madamm Carole Hartmann gi fir den Depot vun enger Resolutioun. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

#### Exposé

Mme Carole Hartmann (DP), auteure | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de leschte Freideg wäert villen Amerikaner, a virop de Fraen, als däischteren Dag an Erënnung bleiwen. Deen Dag huet de Supreme Court, dat héchst amerikanescht Geriicht, d'Urteil „Roe v. Wade“ annulléiert, en Urteel, dat den Amerikanerinnen zanter 1973, also während bal 50 Joer, d'Recht op eng Ofdreiwung ginn huet.

No dëser Decisioun war d'Recht op Ofdreiwung vun engem Moment op deen aneren an 13 Bundesstaate mat Hëllef vu sougenannten „trigger laws“ verbueden. Aacht weider US-Staate wäerte wuel geschwënn nozéien.

Et ass schockéierend, wéi séier en haarterkämpftent Recht einfach esou ka gekippt ginn. Et ass awer och de Beweis dofir, dass den Asaz fir d'Recht op Privatsphär, op Selbstbestëmmung an och de Kampf fir d'Rechter vun de Frae muss weidergoen, Dag fir Dag.

Dobäi wäert dat rezent Urteel net fir manner Ofdreiwunge suergen – ganz bestëmmt net! –, dat hunn eis d'Erfahrungen aus der Vergaangenheet scho gewisen. Legal Ofdreiwungen ze verbidden oder den Accès méi restriktiv ze maachen, wäert virun allem eng Konsequenz mat sech zéien: Méi Fraen an och Doktere ginn an d'Illegalitéit gedriwwen a besonnesch Fraen aus méi prekäre Verhältnissen ginn nach méi benodelegt, well si net d'Moyenen hunn, an e Staat ze reesen, wou d'Ofdreiwung nach legal ass, oder den Akt an enger diskreeter privater Klinik maachen ze loosseren.

Doriwwer eraus wäerten heemlech Ofdreiwungen an déi domadder verbonne gesondheetlech Konsequenzen an d'Luucht goen. Illegal Ofdreiwunge gehéiere weltwäit zu den Haaptursache fir d'Stierflechkeet vu Fraen. All Joer stierwe 47.000 Frae bei onsécheren Ofdreiwungen a 5 Milliounen vun hinne musse bei esou Interventiounen wéinst Bluddungen oder Infektiounen behandelt ginn. Et ass also sécher, dass mat dëser Decisioun méi Liewen a Gefor geroode, wéi der gerett wäerte ginn.

Fir d'Demokratesch Partei ass et selbstverständlech, dass eng Fra soll selwer entscheede kënnen, ob si e Kand op d'Welt brénge wëll oder net.

Une voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP), auteure | Mat der Decisioun an Amerika ass ville Fraen dës Fräiheet, dëst Recht, fir iwwer hiren eegene Kierper ze entscheeden, geholl ginn. A mir dierfen net mengen, datt esou eppes an Europa ni geschéie kéint: Op Malta, zum Beispill, ass nach ëmmer all Ofdreiwung illegal. A Polen huet och 2021 eng méi restriktiv Legislatioun ugehall.

Kollegeinnen a Kollegeen, et geet net dorëms, Ofdreiwung ze verharmlosen oder ze fërderen. Et geet eleng dorëm, e Recht ze schützen, dat enger Fra de Choix léisst, fréi iwwer hire Kierper an iwwer hiert Liewe kënnen ze bestëmmen. Et ass d'Fra, déi e Kand néng Méint laang am Bauch dréit. A si eleng dréit déi domadder verbonne Risiken an och Konsequenzen.

An da geet et och ëm d'Kand. Wat fir eng Bezéiung soll tëschent enger Mamm an hirem Kand entstoen, wann d'Kand vun Ufank un net gewollt ass, mee der Mamm duerch réckstänneg Gesetzer opgezwohne gëtt? Wéi leeft eng Fra mat hirem Kand, dat duerch eng Vergewaltigung entstanden ass an dat si all Dag dorun erënnert, dass si net Här a Meeschter iwwer hiren eegene Kierper war? Wat geschitt am Fall vu Vergewaltigungen? Wat geschitt bei engem Inzest? Wat geschitt bei enger Schwangerschaft, wou kloer ass, datt d'Liewe vun der Mamm a grousser Gefor ass?

Grad wéi all Mann huet och all Fra d'Recht, iwwer hire Kierper eleng ze bestëmmen.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Très bien!

**Mme Carole Hartmann** (DP), auteure | Dofir, Här President, reechen ech eng Resolutioun eran, mat där d'Chamber sech ënner anerem engagéiere soll, géint all Restriktiounen vun der legaler Ofdreiwung virzegoen an d'Rechter vun de Fraen an d'Souveränitéit iwwer hire Kierper ze behalen an ze schützen.

Ech mengen, dass et eis alleguerde géif gutt zu Gesiicht stoen, wa mer als Chamber dës Resolutioun géife mat enger grousser Majoritéit unhuelen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

#### Résolution

*Suite à la décision de la Cour suprême des États-Unis d'annuler l'arrêt « Roe contre Wade », et ainsi, d'abroger le droit constitutionnel à un avortement légal,*

*la Chambre des Députés,*

*– considérant que la Cour suprême américaine a révoqué l'arrêt historique « Roe contre Wade » (1973), renvoyant aux États fédéraux le soin de légiférer sur la question de l'accès à l'avortement légal ;*

*– considérant que plusieurs États fédéraux ont déjà annoncé vouloir interdire l'accès à l'avortement ;*

*– rappelant que l'accès aux soins de santé, la maîtrise de la sexualité et la liberté de décision en matière de sexualité et de procréation, y compris le droit à un avortement légal et sans risques, font partie des droits fondamentaux ;*

*– défendant le droit de tout être humain au respect de son intégrité physique et à la libre disposition de son corps ;*

*– considérant que le fait d'interdire l'interruption volontaire de grossesse constitue une forme de violence fondée sur le genre ;*

*– exprimant sa vive solidarité avec toutes les personnes qui se voient privées de leur droit à un avortement légal ;*

*– préoccupée par le risque que l'interdiction de l'avortement n'aboutit pas à réduire le nombre d'avortements, mais mène surtout à des avortements clandestins, à une augmentation de la mortalité maternelle, à des inégalités sociales et à un développement du « tourisme de l'avortement » ;*

*– préoccupée que cette décision de la Cour suprême ne puisse représenter un point de basculement en matière des droits humains aux États-Unis ;*

*– déplorant que le droit à l'avortement n'est pas seulement contesté aux États-Unis, mais fait l'objet de remises*

*en cause en Europe comme le montrent les restrictions introduites par la Pologne en janvier 2021 ou l'interdiction totale de l'avortement à Malte ;*

*– rappelant que l'Assemblée du Conseil de l'Europe a invité ses États membres*

*◦ à garantir l'exercice effectif du droit à l'accès à un avortement sans risque et légal,*

*◦ à respecter la liberté du choix des personnes voulant mettre fin à leur grossesse et à offrir les conditions d'un choix libre et éclairé, sans promouvoir particulièrement l'avortement,*

*◦ à lever les restrictions qui entravent, en fait ou en droit, l'accès à un avortement sans risque et notamment à prendre les mesures nécessaires pour créer les conditions sanitaires, médicales et psychologiques appropriées et pour assurer une prise en charge financière adéquate ;*

*– considérant que la loi du 17 décembre 2014 sur l'interruption volontaire de grossesse a constitué une avancée pour les droits de la femme en ce qu'elle a procédé à une dépénalisation de l'IVG, tout en établissant le principe de l'autodétermination en cas d'IVG,*

*condamne*

*– toute initiative visant à interdire, à criminaliser ou à limiter l'accès à un avortement légal et sûr,*

*s'engage à continuer*

*– à mener une politique « pro-choix » en conservant un cadre légal favorable pour les personnes voulant mettre fin à leur grossesse conformément aux dispositions légales actuellement en vigueur ;*

*– à soutenir toute mesure visant à garantir une prise en charge de qualité et qui respecte le choix et la dignité de la femme ;*

*– à promouvoir les droits des femmes, leur égalité et leur droit de disposer de leur corps ;*

*– à lutter contre la stigmatisation et la marginalisation sociale liée à l'avortement ;*

*– à soutenir les efforts de mise en place d'un accès universel aux moyens de contraception tel que prévu dans l'accord de coalition ;*

*– à encourager le déploiement de dispositifs d'éducation affective et sexuelle, notamment au niveau de l'enseignement.*

(s.) Carole Hartmann, Cécile Hemmen, Pim Knaff, Josée Lorsché, Jessie Thill.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hartmann.

### 6. 8004 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant 1<sup>o</sup> dérogation temporaire à certaines dispositions en matière de droit du travail en relation avec l'état de crise lié au Covid-19 ; 2<sup>o</sup> modification du Code du travail

Den éischte Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 8004, bei deem et ëm eng Verlängerung vun enger Derogatioun vum Aarbechtsrecht geet. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale**

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | Merci, Här Président. Léif Kollegeinnen a Kollegeen, d'Joer, oder

déi zwee lescht Joren, kann ee scho bal soen, waren duerch d'Covid-19-Kris markéiert. Och wa se duerch aner aktuell Ursache vläicht e bëssen an den Hantergrond gereden ass, ass se awer nach ëmmer ganz present.

Fir eng Iwwerlaaschtung vun eise Gesondheetswiesen ze verhënneren, gouf den 1. Abrëll 2020 d'Méiglechkeet geschaf, an eise Gesondheetssystem an och an anere Secteuren op Leit, déi an der Preretraite sinn, zréckzegräifen.

Dës temporär Mesure sollt fir d'Dauer vun der Kris gëllen a gouf entretemps och schonn e puermol verlängert.

Déi aktuell Reegelung leeft elo den 30. Juni aus. Dem Aarbechtsminister no konnten – an dat ass interessant – vum Mäerz 2020 bis Januar 2022 152 Leit vun dëser Reegelung profitéieren.

Mir stëmmen haut iwwer e Gesetz of, dat eng zäitlech Verlängerung vun der noutwendeger Reegelung bis den 31. Dezember 2022 virgesäit. Bei dëser Verlängerung geet et drëms, dass Leit, déi an der Preretraite waren, och weiderhi kënnen a Laboen, am Gesondheets- an am Fleegesektor schaffen, ouni dass dat negativ Auswirkungen op hir Uspréch vun der Preretraite wäert hunn.

Vu datt et mam Personalmangel an deenen dräi Secteuren höchstwahrscheinlech an deenen nächste Méint net onbedéngt wäert besser goen an dass och Iwwerstonnereegelungen a Congépläng sollte respektéiert ginn, mécht eng Verlängerung vun dëser Bestëmmung Sënn.

Dës Gesetz soll elo den 1. Juli a Kraaft trieden an, wéi gesot, bis zum Enn vum Joer gëllen.

De Projet de loi ass de 6. Mee 2022 vum Aarbechtsminister deposéiert ginn.

De Staatsrot huet säin Avis den 10. Mee ginn an hat näischt un dësem Projet auszesetzen.

Dat nämmleche ass och fir d'Chambre des Salariés de Fall, déi hiren Avis de 5. Mee 2022 ginn huet. An och den Avis vun der Chambre de Commerce, den 10. Mee, war ganz positiv.

Den 12. Mee gouf de Projet an der Kommissioun diskutéiert, mat den Avisen, déi ech elo grad hei ernimmt hunn. Ech sinn als Rapporteur designéiert ginn an de Rapport ass vun der Kommissioun ugeholl ginn de 16. Mee 2022.

Ech hunn och den Opdrag vu menger Fraktioun, den Accord vun der LSAP ze ginn.

Merci villmools.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Dan Kersch.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Et ass déi drëtt Verlängerung. An zwee Acteuren hunn d'Plaz gewiesselt. Dofir weess ech elo net, wien dee bessere Rapport gemaach huet a wien duerno déi besser Äntwert gëtt. Do loosse mer eis iwwerraschen.

Mee ech wëll op alle Fall dem Här Kersch Merci soe fir säi Rapport, deen e gemaach huet zu dëser Verlängerung vun dësem Projet de loi, wou et wichteg ass, dass mer op déi Leit kënnen zréckzegräifen.

Erlaabt mer awer, Här Minister ... Dir sidd zwar net direkt de Concernéierten, mee ech wëll eppes rapeléieren, wat mer de 7. Juli 2020 an der Chamber



diskutiert hunn, dat ass, dass mer zwar déi do Situation hunn, dass mer frou sinn, dass mer op déi Leit kennen zréckgräifen, mee dass mer onbedéngt eppes misste maachen, fir dass mer genuch qualifiziert Personal hunn, fir déi Posten alleguerten ze besetzen. An dat ass e Problem.

Dir sidd net direkt selwer concerniert, Här Minister, mee huelt dat nach eng Kéier mat op de Wee. Mir hunn deemools, de 7. Juli 2020, an der Chamber – dat war net hei, dat war nach déi aner Sait am Cercel – gesot, mir missten eppes maache fir d'Promotioun vun de Gesondheitsberuffer.

Ech géif do gären nach eng Kéier en Appell maachen, well wann een d'Zuele kuckt vun deenen, déi an de Schoulen ageschriwwene sinn, da gesäit et nach net derno aus, wéi wa mer dat hei kéinten den 31. Dezember 2021 (veuillez lire: 31. Dezember 2022) ofschafen, mee dass mer nach weider wäerte Méiglechkeete mussen hunn, fir weider dovun profitieren ze kënnen. Dofir nach eng Kéier mäin Appell: Huelt dat mat weider! Ech weess, Dir sidd net zoustänneg derfir, mee deen Appell wollt ech awer maachen.

A fir de Rescht ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Spautz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här President. De Rapporteur war ganz komplett. Ech géif em Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport an d'Zoustëmmung gi vun der Demokratescher Partei.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hartmann. An da wier et un där honorabeler Madamm Djuna Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Och ech kann nëmmen dem Rapporteur e grouse Merci soe fir säin exzellente Rapport. An ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Bernard. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Ech géif dem Här Dan Kersch en häerzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass alles gesot, et ass deem näischt méi bäizefügen. An ech ginn den Accord vun der ADR zu dësem Gesetz.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. An da wier et un där honorabeler Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo. Ech ginn och den Accord vun eiser Fraktioun. Mee ech soen dat nimmlecht, wat den Här Spautz gesot huet, ech ginn him vollkomme Recht: Ech mengen, mir mussen eppes an deem ganze Secteur ... musse mer kucken, datt mer méi Personal kréien. D'Personal, wat do ass, ass midd. Duerfir sinn elo och immens vill Feelzäiten. De Secteur ass net méi attraktiv genuch. Ech mengen, do musse mer nach e bëssen dru schaffen. An dofir wär ech frou, wann do wierklech eng Campagne géif lanciert ginn, fir datt mer erëm méi Personal géife kréien an datt och wierklech dee ganze Secteur opgewäert géif ginn an datt mer déi Plazen och méi attraktiv kéinte maachen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech géif mer u sech wënschen, datt mer dat Gesetz hei net nach eng Kéier misste verlängeren. Ech fäerten awer ganz, sou wéi de Marc Spautz dat scho gesot huet an och wéi d'Madamm Cecchetti dat elo grad gesot huet, datt mer warscheinlech déi Penurie net kuerzfristeg wäerte geléist kréien. An deementsprechend fäerte mir, datt dat heiten nach eng Kéier kéint verlängert ginn. Och wann d'Plaze gewieselt hunn, mengen ech, ass de Constat op deenen zwou Säiten awer e bëssen deen nimmlechten, soss hätte mer dat Gesetz net verlängert.

Mir ginn eisen Accord hefir, awer net ouni nach gesot ze hunn, datt et wierklech dréngend ass, datt mer dee Secteur revaloriséieren, datt mer derfir suergen, datt mer genuch Personal fannen an datt mer net musse weiderhin op Prepensionierter zréckgräifen, fir eebe sou dee Secteur sech vum selwen droen ze loosson.

Well ech mengen, dat muss d'Zil sinn, datt mer do och nohalteg Aarbechtsplaze schafen an net mussen op Leit zréckgräifen, déi u sech mental schonn eng Kéier ofgeschloss haten, fir se dann an der Urgence nach eng Kéier zréckzeruffen.

Mir si frou fir jiddwereen, deen hëllef, mee et soll awer net Usus ginn, datt mer u sech Leit, déi schonn eng Kéier an der Prepensioun waren, erëm mussen zréckruffen, well mer et verpasst hunn, fir ennen nei Leit bäizesetzen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Merci, Här President. Merci dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Et ass eng Verlängerung, Dir hutt et gesot. An, jo, ech deelen hei d'Suerg vu jiddwerengem – an ech mengen, déi gëtt heibannen och vu jiddwerengem gedeelt –, dass mer mussen op dee Berufsstand do besonnesch en A geheien, an dat an engem preventiven an engem Precautionssënn, well mer deene Leit vill ofverlaangt hunn.

Et ass d'Suerg vun der ganzer Regierung, dat weess ech, fir deene Leit esou vill wéi méiglech ze hëllefen an och ze kucken, datt mer sou gutt wéi méiglech Leit hannendru kréien an déi Posten, déi nach opstinn, och kënnen besetzen. Dat ass eng permanent Suerg. An dee Message huelen ech ganz gären och mat, fir dass mer alleguer d'Aktiounen kënnen maachen, déi mer musse maachen, fir datt mer där Penurie do gerecht ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Aarbechtsminister Georges Engel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Ier mer zum Vott kommen, wollt ech drun erënnere, datt ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kënnen mat ofzestëmmen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8004. Den Text steet am Document parlementaire 8004<sup>4</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 8004 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Georges Mischo (par M. Félix Eischen), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 7. 7913 – Projet de loi modifiant l'article 33 de la loi modifiée du 10 décembre 2009 relative à l'hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux

Als nächste Punkt um Ordre du jour kënnt de Projet de loi 7913, eng Ofännerung vum Fonctionnement vun der Spezialkommissioun, déi sech ëm d'Exekutioun vun de Placementsdecisiounen këmmert. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapporteur vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission de la Justice

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolléeginnen a Kolléegen, laaft net fort, well ech presentéieren Iech elo an e puer Wierder e mëndleche Rapport iwwert de Gesetzesprojet 7913.

Mir hunn de Rapport den 22. Juni eestëmmeg an der Kommissioun ugehall. A mer kënnen ouni Debatt zum Vott kommen, sou wéi d'Kommissioun et decidéiert huet, nodeems ech Iech awer elo kuerz soen, ëm wat et geet.

Den Depot vum Projet vun der Justizministesch Sam Tanson war den 18. November 2021. Dem Staatsrot säin Avis louch den 1. Februar 2022 vir. An d'Justizkommissioun huet sech dunn den 11. Mee 2022 mam Text beschäftegt an de Rapporteur ernannt.

Weider Avisen – se waren all positiv – gouf et vum Parquet vun Dikrech an aus der Stad, vun der Cour supérieure de justice a vun der Chamber vun de Staatsbeamten.

Ëm wat geet et? Mir amendéieren d'Gesetz vum 10. Dezember 2009 iwwert d'Hospitalisatioun vu Mënsche mat enger psychescher Stéierung, „personnes atteintes de troubles mentaux“, Leit, déi ouni hir Awëllelegung hospitaliséiert kënnen ginn. Et geet also ëm

eng mänschlech héich sensibel Fro. Méi genee geet et em de Fonctionnement vun der Spezialkommission, déi fir d'Exekutioun vu Justizdecisionen iwwer Placementer zoustänneg ass. Si kënn zum Beispill zesummen, fir no zwee Méint iwwert d'Verlängerung oder d'Ophiewe vum Placement ze decidéieren, op Basis vum Rapport vum Médecin traitant. Awer Decisionen sinn déi vun der Sortie, sief et fir eng kuerz Dauer, à l'essai oder definitiv.

D'Memberen an d'Suppleante vun dëser Spezialkommission hunn also eng ganz besonnenes Verantwortung, wa se esou Entscheidung mussen huelen.

Hei geet et och em Entscheidungen, Persounen a verschidde Momenter vum Strofvollzug eng Sortie ze erlaben. Et geet, wéi gesot, em Menschen, déi Täter vu méi oder manner schwéieren Infraktiounen sinn, déi awer weinst hirer psychescher Stéierung penal net kënnen responsabel sinn.

De Gesetzesprojekt gesäit elo vir, dass d'Indemnitéit fir d'Memberen an d'Suppleante vun dëser Spezialkommission via Règlement grand-ducal kënnen festgeluecht ginn. Dat ass de Punkt vum Gesetz.

Et geet nämlech drëms, dës Leit par rapport zu hirer Verantwortung adequat ze entschiedegen, an et geet och drëms, esou genuch Leit ze fannen an ze rekrutéieren, fir an dëser Spezialkommission matzeschaffen.

Dës Kommission taagt véier- bis fënnefmol d'Joer, ass eis gesot ginn, a behandelt méi oder weéneger 30 Fäll d'Joer.

Em wéi eng Indemnitéit geet et? Déi ass ugeduecht mat 85 Euro pro Sitzung.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten a widerhuelen, dass den Accord an der Justizkommission vun alle Fraktiounen a Sensibilitäten, déi present waren, ginn ass an dass mer kënnen zum Vott kommen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Charles Margue.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Adehm ageschriwwen.

#### Discussion générale

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Jo. Villmools merci. E grouse Merci och un den Här Charles Margue als Rapporteur vun dësem Projet de loi. Et ass effektiv e Projet de loi, deen e relativ kleng Projekt de loi ass, well et geet nämlech drëm, de Leit, déi an där Kommission setzen, eng Indemnitéit ze ginn. Mir sinn der Meinung, dass wann ee sech muss mat deenen doten Dossierer auserneeetzen, dass dat schwierig Dossierer sinn. Et si mänschlech Entscheidungen, déi een do huele muss. A mir sinn der Meinung, dass wann déi Leit 85 Euro pro Seance kréien, dass dat net der Doud ass. An duerfir encouragéiere mir déi Leit, déi doten Aarbecht weiderzemaachen. A mir ginn och eisen Accord domadder.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Adehm. An dann ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen ageschriwwen.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Ech sinn e bësse verwonnert, Här President, dass mer d'Wuert ergräfen, well wéi de Rapporteur et richtig gesot huet, hate mer am Kader vun der Kommission eigentlech den Accord ginn, dass mer à l'unanimité dëse Projet géifen ënnerstëtzen.

Dat maachen ech dann och elo hei am Numm vun der LSAP-Fraktioun a soen dann och e grouse Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hemmen. An da froen ech, ob nach ee wëllt d'Wuert ergräfen.

Wann dat net de Fall ass, géif ech der Regierung d'Wuert ginn, der Madamm Justizministesch Sam Tanson.

#### Prise de position du Gouvernement

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Jo. Merci, Här President. E Merci och dem Rapporteur an all de Membere vun der Kommission an natierlech vum Parlament. Et ass e ganz kuerzen Text, mee e wichtigen Text, den Här Rapporteur huet et ënnerstrach. Et geet drëm, dass mer hei deene Membere vun der Kommission, déi awer eng ganz grouss Verantwortung hunn, eng appropriéiert Indemnisation kënnen ausbezuelen. Duerfir dann hei elo déi Base légale.

An ech soen Iech am Viraus Merci fir Ären Accord.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Justizministesch. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7913. Den Text steet am Document parlementaire 7913<sup>4</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7913 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7913 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Marie Halsdorf), Georges Mischo (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Paul Galles), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 8. 8018 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 juin 2020 portant introduction de certaines mesures temporaires relatives à l'application de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Mir kommen elo zum Projet de loi 8018 iwwert d'Verlängerung vu verschiddeenen temporäre Moossnamen

am Kader vum fräie Verkéier vun de Leit a vun de Migranten. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Yves Cruchten.

#### Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

**M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur | Villmools merci, Här President. Also Dir hutt an Ärer Introduktion scho quasi de Rapport gemaach!

(Hilarité)

Dir sot, eng weider Verlängerung vum Gesetz vum 20. Juni 2020, wou mer eeben d'temporär Areesbeschränkunge fir Leit aus Drëttstaaten decidéiert haten. Dat Gesetz, dat geet natierlech zréck op eng europäesch Recommendation, déi fir d'lescht den 22. Februar dëst Joer ugepasst ginn ass.

Haut verlängere mer dës Areesbestëmmunge bis Enn des Joers, also bis den 31. Dezember 2022.

De Projet ass den 13. Juni an der Kommission virgestallt ginn. An ech soen dat, well an där Reunion hate mer eng Diskussion. An do ass preziséiert ginn, dass Persounen aus Drëttstaaten, déi wichteg Grënn sollten hunn, fir hir Rees op Lëtzebuerg ze maachen, weiderhin areesen dierfen. Dozou zielen natierlech och Leit, déi zum Beispill an der Prozedur vum Recouvrement vun der Lëtzeburger Nationalitéit sinn. Dat war eent vun de Beispiller, wat mer do diskutéiert hunn. All déi Saache sinn eigentlech iwwer Règlement grand-ducal geregelt.

De Rapport ass eestëmmeg ugeholl ginn an der Sitzung vum 16. Juni. An heimat ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Yves Cruchten.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler ageschriwwen.

#### Discussion générale

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech soe just dem Här Cruchten Merci a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Wiseler. An dann ass et um honorabelen Här Gusty Graas.

**M. Gusty Graas** (DP) | Här President, et gëtt jo en ongeschriwwent Gesetz, datt een, wann een zu engem Rapport schwätzt, net méi laang soll si wéi de Rapporteur. Duerfir ginn ech dann och den Accord vun der Demokratescher Partei a soen dem Här Cruchten villmools Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Graas. An dann ass et elo un der honorabelen Madamm Stéphanie Empain.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng) | Merci, Här President. Gutt, ech schlësse mech deem dann un, maachen et och ganz schnell, soe villmools Merci fir de Rapport a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Empain. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech mengen, Här President, meng Virriedner hunn all Aspekter intensiv belicht.

(Hilarité)



An et ass also elo just, fir nach e Merci un den Här Cruchten ze soen. Merci!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur. U sech hätte mer dat Gesetz hei wuertwäertlech kënne virlesen, esou kuerz ass et. Dat wär vläicht nach e bësse méi kuerz gewiescht wéi de Rapport, dee mer an der Kommission geschriwwen hunn.

Mee wichteg, mengen ech, an dat steet och am Rapport, ass, datt mer Leit, déi op Lëtzebuerg mussen kommen, wéinst enger Obligation légale, och weiderhin am Règlement grand-ducal déi Méiglechkeet ginn, onofhängeg dovun, wat hei am Gesetz steet. Ech mengen, dat ass ganz wichteg, datt Leit, déi eng Obligation légale hunn, zum Beispill fir de Recouvrement ze ënnerschreiwen, dat kënne maachen.

An ech hu mer och nach eng Kéier confirméiere gelooss, datt och den Delai, fir de Recouvrement ze ënnerschreiwen, nach eng Kéier soll adaptéiert ginn an no hanner verlängert ginn. Och dat, mengen ech, ass ganz wichteg, well wien Zeitunge liest, dee weess, datt d'Reesen och haut nach ëmmer net zur Normalitéit gehéiert, mee datt et éischter nach relativ komplizéiert ass, deelweis vu wäit hier op Lëtzebuerg ze kommen. An dofir ënnerstëtze mir och dëse Projet.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice** | Jo. Et ass jo en Dossier, deem ënnert d'Attributioun vum Här Asselborn fällt, deem ech excuséieren. Ech hunn och deem näischt bäizefügen, wat d'Deputéiert gesot hunn. An ech confirméieren dat, wat ech dem Sven Clement schonn an der Justizkommission gesot hat, dass den Delai verlängert gëtt fir déi Leit, déi schonn all d'Demarché gemaach hunn, déi just nach mussen eng Kéier hei op Lëtzebuerg kommen, fir de Recouvrement vun der Lëtzeburger Nationalitéit ze kréien. Do ass en Amendement ënnerwee an engem Text, soudass et och no dem Delai, dee virgesi war, nach verlängert gëtt.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Justizministesch Sam Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8018. Den Text steet am Document parlementaire 8018<sup>2</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8018 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8018 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Georges Mischo (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaab (par M. Paul Galles), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;*

*MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusti Graas),*

*MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

Mir kommen elo zur erweiderter Fro Nummer 152 vum Här Laurent Mosar iwwert d'Steierurulings. D'Madamm Finanzministesch ass nach net do ...

*(Interruptions diverses)*

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Här President, ech weess zwar elo net, ob dat ganz vill Sënn mécht, wann ech hei eng Fro stellen an et ass keng Madamm Minister do, fir mer op meng Fro ze äntworten.

*(Interruptions diverses)*

**M. Fernand Etgen, Président** | Absolutt!

*(Interruptions diverses)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, solle mer net d'Resolutioun virhuelen?

### **9. Résolution de Mme Carole Hartmann concernant la conservation du principe de l'autodétermination en cas d'IVG**

*(Résolution déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 61 de ce compte rendu)*

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech mengen, da géife mer d'Resolutioun virhuelen, déi am Ufank vun der Sitzung vun der Madamm Hartmann deposéiert ginn ass.

Wie wëllt nach zu dëser Resolutioun d'Wuert ertärfen? Den Här Sven Clement.

#### **Discussion générale**

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, merci, Här President. Merci och dem Carole Hartmann fir eng ganz wichteg Resolutioun. Et ass eng ..., ech mengen, datt et haaptsächlech eng Symbolwierkung huet fir d'Chamber, hei nach eng Kéier Prinzippien ze affirméieren, déi net nëmmen an Amerika a Bedrängnis sinn. Ech mengen, mir mussen just och an Europa kucken. Polen huet e ganz, a mengen Aen, desastréist Ofdreiwungsgesetz geholl, wou och schonn déi éischt Fraen hiert Liewe gelooss hunn, well se dann eebe clandestinement Ofdreiwunge gemaach hunn, eppes, wat sécherlech och an Amerika elo erëm wäert zouhuelen.

Ech mengen, an engem Punkt hunn ech awer vläicht e bëssen de Bauch wéi, der Regierung quasi e Blankoscheck oder eis hei e Blankoscheck auszeschwätzen, an dat ass, wann dosteet: „à soutenir les efforts de mise en place d'un accès universel aux moyens de contraception tel que prévu dans l'accord de coalition“.

Dës Regierungskoalitioun ass elo néng Joer am Amt, a mir hunn nach ëmmer Fraen, déi vun hiren Doktere gesot kréien, wa se bewosst no enger Sterilisatioun

froen, se wäere jo nach ze jonk. Wa se dach nëmme bestuet wäeren, da géife se sécherlech eng Kéier eng aner Meenung dozou hunn.

Dat heescht, mir hunn nach keen Accès universel zu verschiddene Saachen. Och d'Spiral ass nach ëmmer e Problem, datt se se vu verschiddenen Doktere refuséiert kréien, wou se wierklech gesot kréien: „Nee, waart emoll!“ Dat ass, mengen ech, tatsächlech e Punkt, wou mer och hei zu Lëtzebuerg nach mussen Opklärungsarbeit maachen.

Dat ass, mengen ech, eppes, wat ee wierklech soll soen. Dat negligéiert net, wat mer hei condemnéieren. Mee ech hunn awer e bëssen e Bemoll, dobäi ze soen: „s'engage à continuer“. Dat muss ee wierklech soen. Do gëtt et nach Problemer, och hei zu Lëtzebuerg. An dat soll een och oppen thematiséieren. An ech freeë mech schonn drop, datt mer dat an Zukunft kënne verbesseren, well dat stëmme mir haut mat.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement. An dann huet d'Madamm Martine Hansen d'Wuert gefrot.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo. Merci, Här President. Also fir eis ass et kloer, datt mer alles mussen maachen, datt esou eppes, wéi dat an Amerika geschitt ass, hei zu Lëtzebuerg net ka passéieren. Mir gi wierklech dovunner aus, datt kaum een aus Spaass ofdreift. An dofir brauche mer ee gesetzleche Kader – deem hu mer hei zu Lëtzebuerg –, deem dat u sech erlaabt.

An dës Motioun fuerdert u sech just dat, datt mer dat och behalen, datt mer alles maachen, datt mer dee Kader och weiderhi berücksichtegen. An dofir wäerte mer dës Motioun ënnerstëtzen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hansen. Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, ech wëilt och ufänken, der Madamm Hartmann Merci ze soen, datt se eis haut hei mat deem Text konfrontéiert huet. Ech mengen, et ass effektiv eng extreem wichteg Fro.

Mir woren awer iwwerrascht, datt dee Sujet hei opkomm ass, well u sech ass dat eppes, wat déi amerikanesch Demokratie un éischter Plaz concernéiert. Ech mengen, mir kënnen net fir alles, wat an der Welt an deem do Domän geschitt, elo ufänken, hei zu Lëtzebuerg am Parlament Resolutiounen ze huelen! Dat erstaunt eis schonn, datt dat elo hei gemaach gëtt! Dat gëtt eis schonn a priori ... Ech mengen, et ass net un eis, fir eis do anzemëschen; dat ass eng Kompetenz vun den USA.

Mee wat de Fong ugeet, mengen ech, ginn awer hei verschidde Saache gesot, déi een awer muss e bësse relativéieren!

Fir d'éischt wëll ech emol un eist eegent Gesetz erënnere, un den Artikel 1. An dat ass dat Allerwichtigst an deem Gesetz. Dat ass d'Gesetz vum 15. November 1978, wat jo hei fir Lëtzebuerg gëllt. An deem éischten Artikel seet: „La loi garantit le respect de tout être humain dès le commencement de la vie. Il ne saurait être porté atteinte à ce principe qu'en cas de nécessité et selon les conditions définies par la présente loi.“

Dee Prinzip, dee mir eigentlech hei am Land hunn, ass net dee vun engem „droit fondamental“ op Ofdreiwung, wéi hei behaupt gëtt – dee steet net an der Constitutioun, dee gëtt et net –, mee vun enger Depenaliséierung an ënner gewëssene Konditiounen. Dat ass de Prinzip hei am Land. Zu deem bekenne mer eis, och wa mer eng aner Approche hunn.

Mir hunn eng Indikatiounsléisung, eebe well eis Prioritéit net nëmmen d'Recht vun der Fra ass, mee awer

och d'Recht vum Kand op Liewen! An déi zwou muss een ëmmer gesinn. Et muss ee kucken, d'Recht op Liewen ze schützen, Artikel 1 vum Gesetz, awer och gläichzäitig natierlech, am Fall vun engem Noutfall notament, en Avortement net auszuschléissen.

Ech wëll hei och drun erënneren, wat d'Simone Veil gesot huet an hirem ganz historeschen Discours zu där Fro: „L'avortement devrait rester une exception.“ An et ass jo eng Situation d'urgence, wou dat muss gemaach ginn. Et kann nämlech net zu enger Banalisierung vum Avortement féieren! Dat ass ni banal! Et geet ëm d'Liewe vum engem Mënsch, ëm d'Liewe vum Kand!

Natierlech kann eng Fra an enger Noutsituatioun net am Stach gelooss ginn. Dofir proposéiere mir och déi Indikatiounsléisung, wou mer soen, zum Beispill am Fall vun engem Viol, vun Inzest, vu gesondheetleche Probleemer, déi kënnen zu gravéierende Probleemer fir d'Mamm oder fir d'Kand féieren, soe mir net Nee. Awer de Grondprinzip, deen d'ADR vertritt, ass och ëmmer deen, datt mer de Schutz vum Liewen op déi éischte Plaz setzen.

Dofir regrettéiere mer och zum Beispill, datt an der Verfassungsrevisioun d'Recht op Liewen iwwerhaapt net virkënn! Dat misst en Droit fondamental sinn, deen a ganz vill Länner op der Welt dat zentraalt, dat absolut zentraalt Recht vun all Mënsch ass. D'Recht op Liewe feelt an där neier Verfassung. Dofir gëtt awer hei fabuléiert – ech kann et net anescht soen –, wéi wann et eppes géif gi wéi en Droit fondamental – dee gëtt et net! – op Ofdreiwung! Nee, eis Positioun ass: Mir si fir d'Recht vun der Fra, awer mir si virun allem och fir d'Recht vum Kand op Liewen!

Merci!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, ech sinn elo bal frou, dass ech duerno dierf schwätzen. Ech war de Mëttel op deem Piquet an ech muss soen, dass ech relativ opgewullt war an ech geduecht hunn: Dir gitt elo an d'Chamber an Dir votéiert do e puer Gesetzer an dann hutt Der och nach eng Heure d'actualité. An eigentlech misst haut den Dag all deene Frae gewidmet sinn, déi iwwert d'Welt ewech illegal Ofdreiwungen hu misse maachen, well si gi gemaach! Eng Fra, déi e Kand net wëllt, déi dreift iergendwéi of.

A wéi vill Frae sinn doru gestuerwen? A wéi vill Fraen hunn dat an iergendengem Hannerzëmmer gemaach? A wéi vill Frae si vun „Schousteren“ behandelt ginn! An dorunner ass déi Fra, wéi gesot, entweder gestuerwen oder bal gestuerwen oder si huet Sequellen.

Ech mengen, de Kierper gehéiert der Fra. An d'Fra huet och e Recht, e Choix ze hunn. An dofir ass et fir eis, dass mir déi Resolutioun do absolut matstëmme. Mir géife souguer méi wäit goen. An dat ass och scho gesot gi vun anere Parteien, déi an der Majoritéit sinn, dass dat do alles souguer misst an der Constitutioun, an der Verfassung verankert ginn, dass och kee méi, kee Politiker méi dat do kéint ëmdreien.

Et kann net sinn, ech soen elo, dass wäiss, al, gro Männer oder Männer, déi mengen, si hätten eppes iwwert d'Fraen ze soen, de Frae virschreien, ob se e Kand auszedroen hunn oder net. An dat ass fir eis einfach dat Allerwichtigst, dass do all Fra dat kann decidéieren, wéini si wëllt, an op alle Fall net sech muss soe loossen an och nach bei dräi Psychiatere muss lafen, fir gesot ze kréien, dass se nach riicht am Kapp ass oder dass se denke kann an dass se och fäeg ass, dee Choix ze huelen. Dat kann et net sinn! Dat ass fir eis net tolerabel.

Also op alle Fall, mir zwee stëmme dat do mat. A mir, wéi gesot, wäre frou, wa mer eng Kéier an der Verfassungsdiskussioun och déi Diskussioun kéinte féieren, an dass et verankert géif ginn, an dass kee méi doru réckele goe kéint!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An da wier et un der honorabeler Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Ech kann nëmme ënnerstëtzen, wat d'Madamm Cecchetti elo gesot huet. Mir waren och um Piquet vertruuden duerch verschidde Leit aus eiser Fraktioun, mee och vun der Partei, well mir als Gréng nach ëmmer zum Recht vun der Fra op Selbstbestimmung stoungen an och weiderhi wäerte stoen.

A mir wieren eis konsequent géint de Virwurf, datt mir zu Lëtzebuerg den Avortement géife banalisieren, wa mer eng Gesetzgebung kreéieren, déi mer säit 2014 hunn an déi notament Wäert drop leet, datt dat Mënscherecht op Selbstbestimmung respektéiert gëtt, an datt eng IVG ënner gudder Konditioun kann oflafen, an datt keng Fra méi forcéiert ass, d'Land ze verloossen, Tourismus ze bedriewen, onwierdegen Tourismus, fir an anere Länner respektiv ënner Konditiounen, déi net wierdeg sinn, dann deen Akt ze vollzéien.

Mir si frou, datt mir hei mat enger grousser Majoritéit 2014 zu deem Gesetz stoungen an dat Gesetz och hei op d'Bee bruecht hunn.

Dat gesot, wéilt ech ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | ... déi Resolutioun natierlech voll ënnerstëtzt vun eiser Säit, an och d'Wichtigkeet vun der Éducation sexuelle, déi och drasteet, sexuelle et affective, mee och den Zougang zu de Verhütungsmëttel nach eng Kéier betounen. Och dat muss e Recht sinn a bleiwen, well et ass do, wou et ugeet, wou eng Fra guer net an déi Situatioun erageréit, datt se herno net méi eens gëtt mat hirem Liewen an zu deem Akt souzese forcéiert gëtt.

Nach e leschte Punkt, dee mer awer um Häerz läit, ass dee vun de Statistiken, wou ech e bësse bedauren, datt mer nach keng kloer Nomenclature hei zu Lëtzebuerg hunn, déi d'IVG reegelt. Mir hu keen Tarif drop. An do menge mir als Gréng, datt awer nach misst nogebessert ginn, well wann ee wëllt erausfannen, wéi vill Fraen iwwerhaapt an déi Situation geroden, da fënnt ee keng Zuelen. Et fënnt een eigentlech keng Donnéeën, soudatt mer vermuten, datt awer do nach munches opzeschaffen ass.

An dofir eisen Appell un d'Regierung, och op deem do Volet ze schaffen, fir datt dee ganze Volet vun der IVG an alles, wat do drunhänkt, awer och transparent hei asiichtbar ass: Wou sti mer? An: Wéi ass d'Entwécklung vun do un, wou mer d'Gesetz geschafen hunn, bis haut? Dat wär eise Wonsch, dee mer awer och elo wëilten zum Ausdrock bréngen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lorsché. An de leschten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Erlaabt mer awer wannechgelift fir unzefänken eng kleng Reaktioun op den Här Kartheiser seng Ausso. Ech fannen et e bëssen einfach, wéi Der Iech et gemaach hutt, Här Kartheiser, well Dir hutt an Ärer Ried eigentlech och vergiess ze soen, dass et jo

eigentlech e potenzielle Putschist ass, deen dee Supreme Court esou besat huet, wéi en haut besteet.

Dir hutt och ënnerschloen, dass zwee vun deene Riichter offensichtlech bei hirem Nominierung gelunn hunn, well si jo versprach haten, déi besteeënd Jurisprudenzen esou ze respektéieren. An et ass Iech och bestëmmt net entgaangen, dass jo elo iwwer en Amtsenthiewungsverfahren diskutéiert gëtt. An ech ka mer jo och bal net virstellen, dass Der mat esou Praktiken averstane sidd.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Merci der Madamm Hartmann op alle Fall fir d'Initiativ vun dëser Resolutioun, déi d'LSAP mat grousser Iwwerzeegung och matdroe wäert.

De Revirement an Amerika mécht Angscht, weltwäit, well hei ganz kloer e Risiko besteet, de Risiko vun der Gefor op villen Niveaue vun der Gesondheet vun der Fra. Wann d'Méiglechkeet, fir legal ofzedriewen, ofgeschafft gëtt, dann heescht dat nu wierklech net, dass de Besoin fir IVGen net weider bestoe bleift, mee et mécht grad deenen et méi schwéier, déi schonn a prekäre Situatiounen sinn.

An Amerika heescht dat, dass, ënner Ëmstänn, Dausende vu Kilometere muss gefuer ginn, fir an engem Nopeschstaat eng Plaz an enger Klinik ze kréien, wou eeben dat IVG-Recht nach gëllt. Et heescht och, op erschreckend Praktiken zrëckzegräifen a villes méi, op dat ech elo net aginn: Diskriminatioun vu Fraen, ekonomesch Auswierkungen, Schouloffbroch bei jugendleche Meedercher an domadder Repercussiounen op de Chômage. Ouni natierlech de moralechen an och den traumateschen Aspekt ze vergiesse bei Fraen, déi Affer gi si vu Vergewaltigung oder Inzest a villes méi.

Alles dat an nach vill aner Argumenter, déi derzou gefouert hunn, dass e legalen Avortement zu eise Grondrechter gehéiert, mussen och weiderhin hir Legitimitéit behalen am Sënn vum Choix, am Sënn vun der Selbstbestimmung an am Sënn vun der Dignitéit vun der Fra.

Erlaabt mer awer och nach eemol, haut an dësem Kontext drop hinweisen, dass et nu wierklech héich Zäit gëtt, dass de Koalitionsaccord ëmgesezt gëtt fir eng honnertprozenteg Prise en charge vun de Contraceptiounsmëttel ouni Alterslimit, esouwuel fir d'Frae wéi och fir d'Männer. An net manner wichtig ass och de Volet vun der Éducation affective et sexuelle. Dofir war et eis als LSAP och ganz wichtig, dës Punkten ënnert den Engagementer bäizefügen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hemmen.

Da kënne mer elo zum Vott iwwert dës Resolutioun kommen.

**Vote sur la résolution**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Resolutioun ass mat 56 Jo-Stëmme géint 4 Nee-Stëmme ugehall.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Marie Halsdorf), Georges Mischo (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;



MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

## 10. Question élargie n° 152 de M. Laurent Mosar relative aux rescrits fiscaux

Mir kommen dann elo zur erweiterter Fro Nummer 152 vum Här Laurent Mosar iwwert d'Steirrulings. Den Auteur vun der Fro huet fénnef Minutten Zäit, fir seng Fro ze stellen an no der Äntwert eventuell eng Zousazfro ze stellen, wann en nach Zäit Rescht behält, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Finanzministesch, ech wollt de Mëtten nach eng Kéier kuerz déi Thematik vun de Rulingen hei thematiséieren, andeem ech nach eng Kéier dermat ufänken a soen, datt e Ruling eng Praxis ass, déi absolutt net illegal ass, wou och net iergendwéi e Steierzueler eng Extrawurscht gebrode kritt, mee wou einfach d'Form vun der Besteuerung eng Kéier festgeluecht gëtt, an deen, deen ze besteieren ass, och déi Aart a Weis vun der Steierverwaltung bestätegt kritt.

Dat ass eng Praxis, déi gëtt et op der ganzer Welt a quasiment all Land. An et ass natierlech och eng Praxis, déi mir hei zu Lëtzebuerg eigentlech säit Joerzénge ëmmer erëm praktizéiert hunn.

Elo ass et awer esou, datt an deene leschte Joren déi Zuel vu Rulingen extreem erofgaangen ass. Wann ech just déi Zuele vun deene leschten zwee Joer kucken, do hate mer 2020 44 Rulingen, déi accordéiert gi sinn. An d'lescht Joer hate mer der 58, déi accordéiert gi sinn. A wann een dann awer déi Zuele mam Ausland vergläicht, da stellt ee fest, datt déi Zuel vun de Rulingen, notament an der Belsch an a Frankräich, weesentlech méi héich ass, ewéi dat hei zu Lëtzebuerg de Fall ass. An der Belsch sinn d'lescht Joer iwwer 2.200 Rulingen accordéiert ginn an a Frankräich ronn 18.500.

Wat awer elo nach méi erstaunlech ass, dat ass, wann een d'Situatioun tëschent Lëtzebuerg an der Belsch vergläicht, a mir huelen do dat Joer 2015, dat war dat Joer no deem ominéise LuxLetters-Skandal, do hate mir hei zu Lëtzebuerg ronn 700 Rulingen an an der Belsch waren et der och 700.

Wann ech d'Situatioun elo haut kucken, hu mir der 58 an an der Belsch sinn et der 2.200. Dat heescht, an der Belsch sinn d'Rulingen dräimol méi héich ewéi se 2015 waren; bei eis sinn 90 % manner Rulingen accordéiert ginn.

Wann een dann och nach kuckt, datt an der belscher Steierverwaltung déi Zuel vu Beamten, déi sech mat

Steirrulinge befaassen, vu 50 op 80 eropgaangen ass, da stellt een awer fest, datt hei – notament an der Belsch, awer net nëmmen an der Belsch, och a Frankräich – eng Politik gemaach gëtt, déi manifestement d'Zuel vun de Rulinge massiv an d'Luucht setzt.

Ech hunn och versicht, Zuelen ze fannen an Holland an an Irland. Dat ass awer onméiglech, well an deene Länner gëtt et guer net déi Transparenz, wéi mir se hei zu Lëtzebuerg hunn, wou mir schéi propper all Joer déi Zuel vun deene Rulinge publizéieren. An Irland an an Holland fënnt ee guer näischt doriwwer. Ech ginn awer dervun aus, datt d'Zuel vun deene Rulingen do weesentlech méi héich ass wéi bei eis a sech ongeféier wäert op deem Niveau erëmfannen, wéi an der Belsch an och a Frankräich.

Doraus ergi sech awer fir mech eng Rei Froen.

Éischtens wollt ech d'Ministesch froen, ob si sech där Situatioun do bewosst ass, datt mer awer am Moment amgaange sinn, déi Schéier komplett ausereenzeféieren.

Zweetens wollt ech vun der Ministesch wëssen, ob dat doten eng Politik, eng gewollte Politik vun der Steierverwaltung ass, fir déi Rulingen esou niddreg ze halen.

Drëttens gëtt gesot, et wär ganz schwéier fir Betriber, fir iwwerhaupt e Rendez-vous mat der Steierverwaltung ze kréien, fir iwwer esou potenziell Rulingen ze diskutéieren. Duerfir wollt ech also wëssen, ob dat richtig ass.

An ech wär och frou, wann d'Madamm Minister eis eventuell do kéint eng Rei vun Zuele ginn, och wat d'Zuel vun Entrevuen ugeet, déi am Kontext vun esou Rulinge gefouert gi sinn.

An da fënneft Fro – an ech mengen, dat ass awer keng onwichtig –: Mir schwätze permanent vu Level-Playingfield souwuel um Niveau vun der EU wéi och um Niveau ausserhalb vun der EU. Hei si mer jo awer manifestement net méi an engem Level-Playingfield, wann elo nëmmen um Benelux-Niveau, an da schwätzen ech guer net vun deenen anere Länner, Länner, déi Dausenden, an dat muss ee soen, Dausende vu Rulinge praktizéieren a mir kommen emol net méi oder knapps iwwer 50 eraus, do ass jo awer manifestement de Level-Playingfield net méi assuréiert. An do wär ech och frou, wann d'Madamm Ministesch eis géif soen, wéi si gedenkt, domadder virunzefueren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances** | Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, et deet mer leed, Dir hutt elo esou séier geschafft de Mëtten, ech mengen, et sinn der e ganze Koup warscheinlech nach op Colmer-Bierg de Mëtteg, ech sinn normalerweis ëmmer matzäiten hei, kommen ëmmer gäre léiwer méi fréi wéi ze spët. Duerfir entschëllegt mech dofir.

Den honorabelen Deputéierten huet mer schonn eng ganz Serie vu Questions élargies iwwer eis Finanzplaz an d'Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz iwwert déi lescht Woche gestallt. D'Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz ass natierlech eppes, wat fir mech extreem wichtig ass. Ech weess, fir Iech och.

Dës Kéier maacht Der Iech Suergen, dass mer net méi kompetitiv wäeren, well mer vläicht net genuch Rulinge géife maachen. An ech mengen, och hei wëll ech Iech dës Kéier awer berouegen.

Dir hutt zwar schonn op verschidde Saachen den Tëpelchen op den i gesat, wat et ass, wat e Ruling ass. Trotzdeem vläicht, éier ech op de Fong vun Äre Froen aginn, wëll ech och nach eng Kéier drun erënnere, wat dann effektiv e Ruling ass, eng „décision anticipée“ op Franséisch, well ech mengen, dat huet esou e bëssen eng negativ Konnotatioun.

Mee e Ruling ass effektiv eng Decisioun vun der Steierverwaltung, an där si d'Interpretatioun vum Steiergesetz a Bezuch op eng spezifesch faktuell Situatioun festleet respektiv déi confirméiert. All Steierzueler huet d'Méiglechkeet, eng Demande de Décision anticipée bei der Steierverwaltung ze maachen, dat heescht also, fir e Ruling unzefroen.

E Ruling ass also effektiv, an Dir hutt et och gesot, kee Steierkaddo oder eng Negociatioun, fir méi en niddrege Steiertax ze kréien, mee baséiert op der strikter Applikatioun vun der Steiergesetzgebung.

2015 ass d'Prozedur fir déi Décision anticipée formaliséiert ginn, fir se ze moderniséieren an och den internationale Standarden an där Matière eeben unzepassen. Dat ass 2015 gemaach ginn.

Dat gëtt eis och an de reegelméisseg Monitoring-prozeduren, an deene mer natierlech sinn, op den europäeschen an och op den internationalen Instanzen unerkannt.

De Lëtzeburger Cadre légal leet also explizitt fest, datt e Ruling keng Moderatioun oder Exemption d'impôt, déi net vum Gesetz virgesinn ass, enthalte kann.

D'Gläichheet virum Steiergesetz ass also zu all Moment respektéiert. Dat heescht: D'Besteuerung ass ëmmer déi selwecht a gëtt vun der Steierverwaltung ëmmer konform zum Gesetz gemaach, egal ob e Ruling gefrot ginn ass oder net.

Den Interêt also vum Steierzueler, fir e Ruling ze froen, besteet also eenzeg an aleng doranner, am Virfeld eng Gewëssheet doriwwer ze hunn, wéi sech d'Gesetzgebung an engem spezifische Fall applizéiert oder wéi eng bestëmmten Transaktioun besteiert gëtt.

Hei geet et also drëms, eng Sécurité juridique ze kreéieren. Ech mengen, dat ass eppes Positives, haaptsächlech am Kontext vun enger ëmmer méi komplexer Gesetzgebung an enger globaliséierter Economie.

No LuxLeaks hunn eng Rei Leit esou gemaach, wéi wann d'Rulingen eng wierklech Lëtzeburger Spezifitéit oder Spezialitéit wäeren. D'Regierung huet awer ëmmer drop higewisen, dass dat eng normal a legitim Praxis ass – Dir hutt et och gesot –, déi et a quasi alle Länner an der Europäescher Unioun gëtt. An déi Zuelen, déi den Deputéierten elo dann och aus deem Zeitungsartikel fonnt huet, confirméieren dat och nach eng Kéier.

Mee d'Behauptung, dass d'Contribuabel respektiv hir Beroder fäerte géifen, eng Demande de décision anticipée bei der Lëtzeburger Steierverwaltung anzerechen aus Angscht, dass hir Reputatioun am Ausland géif zu Schued kommen, mengen ech, ass awer ganz onbegrenzt.

Ech mengen, ech muss hei dann och drun erënnere, datt d'Transparenz vun de Rulingen och garantéiert ass, dëst duerch d'Échanges vun de Rulingen tëschent den europäesche Steierverwaltungen am Kader vun der DAC 3-Direktiv vun 2015.

Also iwwerall an Europa kënnst du reegelméisseg vir, dass Entrepreneuren, ier se eng formell Demande erarechen, fir e Ruling ze kréien, nach eng Reunioun ufroen, wou se der Steierverwaltung hir Situatioun kennen erklären.

Am Kontext vun esou Entrevuë gëtt et natierlech och gewësse prozedural Reegelen, déi mussen respektéiert ginn. Déi sougenannten – an Dir hutt se och mentionéiert – LuxLetters-Affär, an där behaupt ginn ass, Lëtzebuerg géif quasi implizit och Rulingen accordéieren, huet am Fong gewisen, dass et grad bei eis richteg ass, hei och e strenge Kader ze setzen, fir esou e Verdacht am Fong guer net emol opkommen ze loosse.

Et ass dohier adequat an och richteg, dass d'Entreprises am Virfeld vun esou enger Entrevue eng Deklaratioun ënnerschreien, mat där si och unerkennen, dass d'Diskussiounen während dëse Reuniounen mat der Steierverwaltung déi net engagéiert. Dat ass och ganz normal an engem System, wou d'Gesetz virschreift, dass d'Décisions anticipées enger Procédure écrite ënnerleien a keng mëndlech Accorde sinn.

Ech kommen dann elo zu den Zuelen, déi an deem Zeitungsartikel genannt sinn. Fir d'Alleréisch, mengen ech, muss een awer soen, dass déi belsch a franséisch Zuelen iwwert d'Décisions anticipées net mat deenen hei zu Lëtzebuerg ze vergläiche sinn. Och fënnt een no enger méi pousséierter Recherche eraus, dass et an den Nopeschlänner net wierklech zu enger globaler Hausse vun den Décisions anticipées komm ass, wéi deem Zeitungsartikel am Fong suggeréiert.

Leider gëtt et keng europäesch Statistiken, déi eis Aarbecht hei géif méi einfach maachen. Ech mengen, dat wär am Fong eng ganz utile Saach, mee, Dir sot et, et ass och net all Land esou transparent wéi mir et sinn.

Déi dräi Länner, also Lëtzebuerg, d'Belsch a Frankräich, déi Der och ernimmt, sinn ënnerschiddlech grouss an d'Zuel vun hire Contribuabelen ass natierlech deementspreechend och wäit ausereen.

Ech muss awer soen, de Champ d'application fir d'Décisions anticipées ass och en aneren. An ech mengen, dat ass awer e ganz wichteg Element hei. Während an der Belsch an a Frankräich déi ganz Fiskalitéit viséiert ass, also all direkt an indirekt Steieren souwéi och aner assimiliéiert Taxen, fält ënnert d'Kompetenz vun der Lëtzebuurger Commission des décisions anticipées, vun deenen Zuelen hei dann och rieds ass, ausschliesslech déi direkt Fiskalitéit vun den Entreprises. Dat heescht, de Champ d'application ass schonn e ganz aneren. An dat muss een och berücksichtegen.

Kuckt ee sech dann déi franséisch Zuelen iwwert d'franséisch Rescrits fiscaux an de jeeweilige Rapports annuels un, stellt een awer och fest, dass se eigentlech réckleefeg sinn. Analyséiert een dann déi belsch Rapport-annuellen, kéint een effektiv op den éischte Bléck mengen – an dat sinn dann och déi Chifferen, déi Dir mentionéiert hutt –, dass sech d'Unzuel vun den Dossiere quasi verduebelt hätt par rapport zu 2019. Allerdéngs betreffen do iwwer 1.000 vun deenen Dossiere vun deem Total, deem och vum honorabelen Deputéierte mentionéiert ginn ass – Total vun 2.000 an eppes, et sinn der 2.281 –, ausschliesslech Demanden aus enger Kategorie – also d'Hallschent –, aus enger Kategorie, déi sech „Frais propres à l'employeur COVID-19“ nennt, dat heescht, dat si Covid-19-Dossieren. Et handelt sech also hei ëm eng spezifesch Kategorie, mat där mir eis am Fong an deem Sënn net kënne vergläichen, déi an der Belsch dann eeben iwwert dee Wee gereegelt sinn. Dat heescht, dat ass scho mol d'Hallschent.

Wat elo d'Evolutioun vun den Zuelen zu Lëtzebuerg ugeet, do huet den Deputéierte jo och schonn Enn Abrëll eng Question parlementaire driwwer gestallt. An aus menger Äntwert um 23. Mee geet ervir, dass d'Zuele säit Joren effektiv erofginn. Also dat ass effektiv elo keng nei Erkenntnis.

Wat kann een also aus dëser Evolutioun schléissen? Ech mengen, et muss een effektiv virsichteg sinn, wann een elo d'Konklusiounen op Basis vu Ruling-Statistiken wëll zéien. Aleng d'Evolutioun vun der Zuel vun de Rulingen ass fir mech elo kee fiabelen Indice iwwert d'Kompetitivitéit vun eisem Land. Et ass just en Indicateur, dass manner Entreprisë wéi vläicht virdrun oder wéi fréier esou eng Demande bei der Steierverwaltung gemaach hunn.

E puer Facteurs kënnen dës Reduktiounen vun der Zuel vu Rulingen erklären. Ech kann deen een oder deen anere mentionéieren, zum Beispill: Verschidde Strukturen, déi an de Jore virdrun vun de LuxLeaks en place gesat goufen, sinn duerch nei Gesetze an Direktiven haut einfach net méi méiglech. Dës ass eng direkt Konsequenz dann och notament vu BEPS-Mesuren an och ATAD-Direktiven.

En anere Facteur fir d'Baisse vun der Zuel vun de Rulings ass, dass d'Applikatioun vum Steiergesetz op verschiddenen einfachen Transaktiounen ganz kloer ass an doduerch kee groussen Interêt besteet, fir eng explizit Konfirmatioun am Virfeld unzefroen.

Trotzdem muss ech awer hei och ganz kloer soen, dass ech déi och am Artikel geäussert Kritik seriö huelen, well d'Rechtssécherheet fir d'Investisseuren ass natierlech e wichtige Facteur fir d'Kompetitivitéit vun eisem Land. Dofir ass et – wéi ëmmer – wichteg, och e gudden Equilibre ze fannen tëscht, op där enger Säit, der Accessibilitéit vun de Lëtzebuurger Verwaltungen an, op där anerer Säit, natierlech der Konformitéit mam legale Kader. Et ass dohier evident: Fir eng Entreprise a ganz generell och fir de Steierzueler zu Lëtzebuerg muss et onkomplizéiert sinn, fir deen Accès ze hunn, fir de Rendez-vous bei der Steierverwaltung ze kréien.

Ech mengen, dat Ganz muss awer natierlech no de verschidde Prozeduren oflafen. An d'Steierverwaltung muss natierlech och appreciéieren, ob d'Demande am Aklang mam Steiergesetz ass an deementspreechend dann natierlech och hir Decisioun huelen.

Mee ech mengen, ech wëll awer elo nach eng Kéier hei ganz kloer soen, d'Accessibilitéit vun de Verwaltungen an d'Rechtssécherheet fir d'Entreprisë sinn e Standuurfacteur, deem international och ëmmer méi wichteg gëtt. Däers si mer eis ganz bewusst. Ech si mer däers ganz bewusst. An dat hunn ech och deenen dräi Steierverwaltungen ganz kloer kommunizéiert.

Et ass och iwwregens net korrekt ze behaupten, d'Verwaltung wär elo wierklech net accessibel. Dat stëmmt net. Do si regelméisseg Reuniounen, déi stattfannen. Also ech mengen, do mécht d'Steierverwaltung schonn hiren Job, mee natierlech an engem Kader, deem déi virgesinne Prozeduren dann och muss respektéieren.

Zum Schluss kann ech dann awer dem honorabelen Deputéierten och nach eemol verséieren, dass Lëtzebuerg onënnerbrach Efforte mécht, fir sämtlech europäesch Direktive korrekt an zäitno a konform ëmzesetzen. Ech mengen, dat ass extreem wichteg, dass mer konform zu internationale Standarde bleiwen.

Ech mengen, dat ass och fir mech déi bescht an effikass Method fir eist Land, fir durabel kompetitiv ze bleiwen am Respekt vum Level-Playingfield, dee wichteg ass fir eist Land, an dat net just innerhalb vun der EU, mee op engem internationalen Niveau.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, der Madamm Finanzministesch. Da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier zréck un den Här Laurent Mosar fir eng Zousazfro.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo. Merci, Här President. Och merci fir déi ganz extensiv awer och detailléiert

Äntwert vun der Madamm Ministesch. Fir d'éischt awer just ee Constat: Ech si frou, dass mer eis eens sinn, dass dat a sech eng gutt Saach ass, déi Rulingen, dass dat näischt Negatives ass an dass dat zu der Sécurité juridique vun der Steiersécherheet vun de Betriber an och de Privatpersounen bäidréit.

Déi zweet Remark – an do sinn ech net grad esou Ärer Meinung –: Ech mengen, et kann ee sécherlech ëmmer iwwert Zuelen diskutéieren, et ass awer e Fait, an dat litt net, dass eis Rulingen ëm 90 % erofgaange sinn. Dat ass e Constat. Do kann een och net ... Dee kann een net schéin- oder schlechtrieden. Am Ausland, do si mer eis och eens, sinn d'Rulingen éischter an d'Luucht gaangen oder zumindest stabil bliwwen, op jidde Fall si se néierens ëm 90 % zréckgaangen.

Dann – an dat ass eigentlech déi Fro, déi Der mer net beäntwert hutt, wou ech awer frou gewiescht wär, wann Der mer se beäntwert hätt –, Dir hutt gesot, do wäert permanent Reuniounen. Et hätt mech awer wierklech interesséiert – wann Der elo déi Zuel net hutt, kënnt Der mer déi bien entendu och nach noliwweren, Madamm Ministesch – ze wëssen, wéi vill esou Reuniounen eigentlech vu Steierzueler ugefrot ginn an deem dote Kader a wéi vill der dann och accordéiert gi sinn, einfach fir do awer e bëssen en Ordre de grandeur ze kréien.

An domadder schléissen ech of. Ech begrëssen awer haaptsächlech eng Ausso, an ech wëll se duerfir nach eng Kéier widderhuelen: Datt Der awer och gesot hutt, Dir wäert permanent a Kontakt mat deenen dräi Verwaltungen, fir – an ech hunn dat awer och e bëssen esou verstanen – do eng Approche ze adoptéieren, déi am Interêt vun der lëtzebuergescher Finanzplaz ass.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert zréck un d'Madamm Finanzministesch.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Fir dann nach eng Kéier op déi franséisch Zuelen zréckzekommen: Déi Informatiounen, déi mir aus dem Rapport annuel vun de franséischen Autoritéiten hunn, dat ass net, dass se eropgaange sinn, mee 2018 waren et 19.397 Rulings, 2020 waren et der 18.562. Bon, wéi gesot, do kann een elo doraus schléissen, wat ee wëll. Ech mengen net, dass eis Steierverwaltung mat engem Objektiv schafft, fir méi oder manner Rulings ze maachen. Ech mengen, déi Rulings gi gemaach, déi gemaach ginn, mee nach eng Kéier: Ob déi Zuelen do erop- oder erofginn, ass, mengen ech, net wierklech dat, wat d'Kompetitivitéit vun eiser Plaz hei gutt moosse kann.

Wat d'Reuniounen ugeet, kann ech Iech op Basis vun deenen Informatiounen, déi ech hunn, soen: Et waren d'lescht Joer 42 esou Reuniounen an d'Joer virdrun, 2020 – dat war e bësse méi eng speziell Zäit, fir Reuniounen ze hunn –, waren et der 22. Mee voilà, ech sinn a permanentem Kontakt mat de Verwaltungen. Ech mengen, hei gëtt am Interêt vum Land geschafft, an dat ass e ganz breeden Interêt, fir dee mer hei anrieden.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. Dës Punkt ass domadder ofgeschloss.

## 11. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des mesures pouvant contre-carrer la hausse des prix des carburants

D'Chamber féiert de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Moosname géint d'Hausse vum Sprittpreis,



déi d'CSV-Fraktioun ugefrot huet. An ech géif direkt d'Wuert un den honorabelen Här Gilles Roth ginn als Vertrieeder vun der CSV-Fraktioun. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

#### Exposé

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Präisdeierecht, déi ass queesch an eiser Gesellschaft ukomm: Mir hunn héich Liewensmëttelkäschten, explodéierend Sprittpräisser, d'Leit hu mat héijen Heiz- a Stroumkäschten ze kämpfen, a vum Logement emol guer net ze schwätzen. An ech géif Iech allegueren invitéieren, mol eng Kéier nozekucken, wat nëmmen den Ënnerschied ass zwëschen Ärer Haushaltsversicherung vun dësem Joer an där vun dem leschte Joer: Dëst Joer ass déi e puer Honnert Euro méi héich wéi déi vun dem Joer virdrun.

D'Leit, Dir Dammen an Dir Hären, eis Matbiergerinnen a Matbierger, fir déi mir eigentlech hei stinn, brauchen eiser Meenung no finanziell Hëllef – an zwar elo! Tanke fir zwee Euro a méi de Liter, dat schléit schonns an de Portmonni an dat bei jiddwerengem, bei deenen, déi souwisou Problemer hunn, fir um Enn vum Mount d'Enner zesummenzekeréien, an ech mengen, och bei deenen, déi méi verdéngen, a fir d'CSV heescht et: Schaffe muss sech weider lounen!

An de Wee op d'Schaff däerf och net zum finanzielle Fiasko ginn. Ech ginn Iech e Beispill: 80 km den Dag mol aacht Liter, mol 22 Schaffdeeg, ...

(Interruption)

... dat sinn, ...

(Brouhaha)

... Dir Dammen an Dir Hären, ...

(Brouhaha)

... dat si beim 95er-Bensinn 334 Euro, beim 98er-Bensinn 375 Euro a beim Diesel 345 Euro Spritt.

(Interruption)

Här Energieminister, Dir fuert op Käschte vum Staat!

(Brouhaha)

An déi Präisser, déi ech Iech hei nennen, dat sinn déi, fir op d'Schaff ze fueren; do ass de Weekend nach guer net dran!

(Brouhaha)

Well, Dir Dammen an Dir Hären, déi selwecht Deplacementer hunn d'lescht Joer, am Juni 2021, méi wéi 100 Euro manner kascht, an net jiddwereen, Här Turmes, kann op säin Auto verzichten. An den Auto als Transportmëttel ass fir d'CSV kee Privileeg vun e puer „happy few“ an däerf dat och net ginn.

Mir sinn ausdrécklech der Meenung, dass d'Sprittpräisser fir eis kee gewollte Lenkungseffekt sinn, a mir hunn do ausdrécklech eng aner Meenung wéi déi gréng, iwwregens gedroe vu Blo a Rout! Ideologesch Lenkungseffekter op Käschte vun de Leit, dat ass an dësen Zäiten net eis Vue, dat ass net der CSV hir Vue vun der Politik.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | D'CSV ass der Meenung, dass d'Awierke vum Staat op déi héich Sprittpräisser de Moment ongenügend ass. Mir erreche mëttlerweil zum Deel méi héich Sprittpräisser wéi an Däitschland, net wäit vun der Belsch – iwwregens dee selwechte Präis gëschter gemooss – an och net wäit vu Frankräich. Dat gouf et zanter Éiwegkeeten net méi bei eis, dass d'Leit an Däitschland tanke gefuer sinn, an der Ëmwelt bréngt dat och näischt.

Ech zitieren aus der Etüd vun dem Professor Dokter Dieter Ewringmann, „Tanktourismus Lëtzebuerg 2016“ (ndlr: „Ermittlung und Bewertung der positiven und negativen Wirkungen des Treibstoffverkaufs unter besonderer Berücksichtigung negativer externer Umwelt- und Gesundheitseffekte – Status quo 2012 und maßnahmeninduzierte Veränderungen“), déi iwwregens fir den Energieminister gemaach gouf: „Umweltentlastend“, seet den Här Ewringmann, „ist dies nur in dem Maße, wie der Anstieg in anderen Ländern hinter dem Rückgang in Luxemburg zurückbleibt.“ „In klimabilanzieller Hinsicht spielen der Ort des tatsächlichen Treibstoffverbrauchs und damit auch der tatsächliche Emissionsort allerdings gar keine Rolle“, seet de Professor Ewringmann.

Fir eise Staatsbudget, Dir Dammen an Dir Hären, huet dat Ganzt awer schonn en Impakt, an do ass et net egal, ob een zu Schengen tankt oder déi aner Säit vun der Musel zu Perl, well op eng Milliard Euro Recetté pro Joer, déi direkt oder indirekt domadder ze dinn hunn, dass zu Lëtzebuerg de Spritt iwwert déi lescht Joren e gudder Krack méi bëlleger war wéi an den Nopeschlänner, mengen ech, a menger bescheidener Analys vum Staatsbudget, kënne mer net vun haut op muer einfach verzichten a besonnesch net e Staat, dee souwisou schonn defizitär ass an de facto op Puff leeft, well eiser Meenung no a gudden Zäite vergiess gouf – jo, Dir kënnt elo laachen –, de richtigen Apel fir den Duuscht op d'Säit ze leeën.

**Plusieurs voix** | Très bien!

(Brouhaha)

**Une voix** | E laacht net, e grinst!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Duerfir folgend Froen un d'Regierung: Wat gedenkt d'Regierung ze maachen, fir de Leit an dëser Situatioun mat explodéierend Sprittpräisser ënnert d'Äerm ze gräifen? Wat gedenkt d'Regierung ze maache fir ze verhënnern, dass d'Recetté vum Tanktourismus – dat ass eng Milliard Euro pro Joer! – einfach esou ewechbriechen? Oder ass dat e gewollte Lenkungseffekt vun dëser blo-rout-grénger-Regierung?

Als CSV hate mir am Februar schonns, virun dem Ukrain-Krich, eng Rei vu Propose gemaach, fir den héijen Energiepräisser entgéintzewierken, ouni iwwregens d'Ausmooss vun den explodéierend Sprittpräisser vun haut ze kennen. Mir haten deemools eng Rei vu konkreete Virschléi gemaach: Dat war d'Eroffuere vun de Steieren, Akzisen an TVA op Heizes a Spritt, dat war d'Erweiderung vun dem Krees vu Leit, déi an de Genoss vun enger Allocation de vie chère kënne kommen, an dat war och, d'Kilometerpauschal an d'Kilometergeld an d'Luucht ze setzen, well besonnesch de ländleche Raum, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt mat héije Sprittpräisser am meeschte belaauscht.

Mee mir goufen deemools belächelt, et wier eng Politik vun der Strenz. Abee, jo, jo. Ech hu léiwer eng Strenz – an och ganz vill Leit dobaussen, déi mussen 150 Euro a méi fir en Tank bezuelen – wéi eng Dréps op e waarme Steen. Mir sinn der Meenung, dass et besser ass, d'Leit finanziell ze entlaaschten, mat pragmatische Léisungen, ewéi stur Politik mat Ideologie ze maachen. Well loosst eis eppes net vergiessen: Et sinn net d'Sue vun der Politik, mee et sinn d'Sue vun der Allgemeenheet a virun allem vun deenen, déi Steiere bezuelen!

An duerfir hu mer als CSV dräi konkreet Virschléi ze maachen: Kuerzfristeg si mir der Meenung, dass een den Tankrabatt vu 7,5 Cent, deen elo bis Enn vum dem Mount Juli leeft, sollt bis den 30. September verlängeren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mir verschléissen eis och net enger eventueller Erhéijung, och wann dat sollt, zäitweileg, en Aussetze vun der CO<sub>2</sub>-Steier bedeiten: „À situation exceptionnelle, mesures exceptionnelles“! An deem Fall ass d'CSV der Meenung, et sollt een en equivalente Montant aus dem Staatsbudget an den Zukunftsfong féieren, well mir wëllen – an dat soen ech och kloer – als CSV net, dass d'Aussetze vun der CO<sub>2</sub>-Steier zum Prinzip gëtt.

Zweete Virschlag vun eis: Mir sinn der Meenung, dass ee soll d'Steieren, d'Akzisen an d'TVA op Spritt an Heizkäschten op den EU-Minimum erofsetzen, an dat temporaire bis un d'Enn vum Joer 2022.

An drëttsen si mer der Meenung, dass een de maximale Referenzwäert, fir an de Genoss vun enger Energieprimm ze kommen, sollt verduebelen.

An ech erkläre mech, dat heescht konkreet Follgendes: Bei engem Stot mat enger Persoun bis zu engem Akommes vun 3.800 netto kritt een dann eng järelech Primm vun 200 Euro. Bei engem Stot vun zwou Persounen bis zu engem Nettoakommes vu 6.700 Euro kritt een dann eng järelech Primm vun 250 Euro. A bei engem Stot vu véier Persounen, wann zwee Verdéngschter do sinn, bis zu engem Nettoakommes vun 9.100 Euro, kritt een dann eng järelech Primm vun 350 Euro.

Duerfir als Konklusioun: Eiser Meenung no si ganz vill Leit dobaussen – an Dir kommt jo grad wéi mir vill an der leschter Zäit dobausse ronderëm –, déi dat Ganzt finanziell net méi packen. An Dir wësst, dass d'Lëtzebuurger retizent sinn, déi lafen net direkt op d'Strooss. Mee virun allem déi Schwächst an eiser Gesellschaft si belaauscht, awer och ëmmer méi déi breet Mëttelschicht.

D'Zäite vum Nokucken, Dir Dammen an Dir Hären, si fir eis elo eriwuer. Et ass elo un der Zäit ze handeln am Interessi vu Land a Leit. An dofir si mir all, déi 60 heibannen, gewielt. An duerfir si mir och do. Dat zielt fir d'Oppositioun an dat zielt och fir d'Majoritéit. An am beschte maache mir dat eiser Meenung no zesummen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

#### Débat

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. Virun dräi Wochen huet d'Europaparlament derfir gestëmmt, ab 2035 keng Verbrenner méi an der EU zouzeloossen. Ech weess net, wéi laang mer hei zu Lëtzebuerg schonn dervu schwätzen, dass mer aus dem Tanktourismus mussen erausklammen, mee spéitstens mat dësem Vott ass d'Saach decidéiert. Den Tanktourismus ass en Auslafmodell. D'Fro vum „ob“ stellt sech net, et ass méi d'Fro vum „wéini“. Ech erënnere och un d'Aféierung vun der CO<sub>2</sub>-Steier, duerch déi de Camionsdiesel zu Lëtzebuerg par rapport zur Belsch manner attraktiv ginn ass.

Déi aktuell héich Präisser, déi droen derzou bäi, dass d'Leit manner Auto fueren an deemno och manner Spritt verkaaft gëtt. Fir de Staatsbudget steet natierlech esou munches um Spill: Mir schwätzen ëmmerhi vu Recetten an der Héicht vun enger Milliard Euro. Dobäi kommen d'Akzisen um Tubak an um Alkohol. Grad an dësen Zäiten, wou de Budget duerch d'Pandemie an de Krich an der Ukrain schonn extreemst belaauscht ass, wier en abrupt Ewechfale vun deene Recetten immens schwéier ze verdauen.

Allerdéngs ass et an eisen Aen awer net, wéi wann duerch de Präisënnerscheed zum Ausland während e puer Méint all eis Recetten an deem Beräich komplett abrieche géifen. Als DP si mir net der Meinung, dass mer elo ganz aggressiv dogéint musse virgoen an d'Bensinnspräisser an der Groussregioun zu all Moment ënnerbidde mussen. Mir mussen iwwert déi nächst Joren e Phasing-out hikréien, eng Transitionphas iwwer eng länger Period, wéi mer eis lues a lues op manner Recettë mussen astellen. Dat wäert geschéien, ob mer dat wëllen oder net.

Dass déi aktuell héich Energiepräisser d'Betriber an d'Stéit schwéier belasteschen, steet ausser Fro. Aus deem Grond huet jo d'Regierung e ganze Koup Mesurë geholl, fir d'éischt am Kader vum Energiedësch an duerno am Kader vun der Tripartite, an dat zousätzlech zu all de Moossnamen, déi et scho gëtt, fir déi energieatesch Transition ze förderen.

Et sinn dëst sozial cibléiert Mesuren, zum Beispill de Steierkredit „Energie“ an d'Erhéijung vum Wunngeld. An et si klimafreundlech Mesuren, mat dem Ausbau vun den Hëllef fir déi energieatesch Sanéierungen.

Als DP sti mir ganz kloer zum Tripartite-Ofkommen, grad wéi zum Tripartite-Gesetz, dat jo net méi spéit wéi d'Virlescht Woch hei am Haus gestëmmt ginn ass. Mir stinn zu den eenzelne Mesuren, déi ëmgesat goufen an nach ëmgesat wäerte ginn, wéi eeben d'Upassung vum Wunngeld.

A mir stinn zum Prinzip, deen am Kader vun der Tripartite festgehal gouf: Wann d'Situatioun sech weider verschlechtert, wann nach eng Indextranche fällg gëtt, da kommen d'Sozialpartner nees beieenen a verhandele weider iwwer méiglech Mesuren.

Dëst gesot, soen ech Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren. An ech géif dem Gilles Roth Merci soen, datt hien dës Heur d'actualité op den Ordre du jour gesat huet.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Hahn. Erlaabt Der, datt d'Madamm Hansen Iech eng Fro stellt?

**M. Max Hahn (DP)** | Selbstverständlech.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Villmools merci. Ech wollt froen, ob d'DP net awer wëlles hätt, deene Leit, déi op den Auto ugewise sinn, déi op Schichte schaffen, déi am ländleche Raum wunnen, och de Jugendléchen, déi do wunnen, eng Bähëllef ze gi bei dësen trotzdeem explodéierende Präisser.

**M. Max Hahn (DP)** | Ech mengen, dass dat eng berechtegt Fro ass, fir grad eeben notament am ländleche Raum ze kucken, wéi mer deene Leit nach besonnesch ënnert d'Ärm kënnen gräifen. Ech mengen, dat ass e Souci, deen och am Kader vum gratis ëffentlechen Transport oft thematiséiert gouf hei am Haus, fir eppes an deem do Beräich ze maachen. A grad an deem do Beräich musse mer dervu schwätzen, den ëffentlechen Transport auszubauen, well ech mengen, dass dat déi Pist ass: Wéi komme mer dohin, den ëffentlechen Transport nach méi interessant, nach méi performant ze maachen? Dat ass e ganz wichtegen Outil.

An do ginn enorm Investitiounen gemaach. Ech denken nëmmen un d'Reform vum RGTR, déi endlech op de Leescht geholl ginn ass. Wou, ënner anerem, och gekuckt gëtt, fir zum Beispill och Pendelbusser an deene Regiounen anzeféieren, wou dat e ganz grouse Succès ka ginn. Dat ass déi richteg Pist, grad fir déi benodeelegt ländlech Gemengen eeben och dohin ze kréien, dass mer do den ëffentlechen Transport méi performant kréien. Ech mengen, dat ass eppes, wou mer als politesch Parteien alles mussen drusetzen, fir dervun ewechzekommen, dass mer all

op den Auto ugewise sinn, mee dass den ëffentlechen Transport déi besser Alternativ ass. An dat ass d'Position vun der DP.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Ech mengen, déi, déi op Schichte schaffen, wäerten net de Pendelbus huelen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Hahn. An den nächsten ageschriwwene Riedner ...

*(Interruption)*

... ass den honorabelen Här François Benoy. Jo, bei der LSAP ass keen ageschriwwen bis elo. Oder?

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Dat ass hinnen egal!

**M. Fernand Etgen, Président** | Madamm Hemmen.

*(Interruption)*

Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Hemmen.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Dir schéisst ëmmer ze fréi.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Et huet esou ausgesinn, Här Mars Di Bartolomeo.

*(Brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Dir wësst jo, deen, deen als éischte schéisst ...

*(Brouhaha et hilarité)*

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Merci, Här Président. An och d'LSAP huet hiert Wiertchen hei matzeschwätzen. Här Minister, Madamm Minister, léif Kolleginnen, léif Kollegen, jiddwer Eenzelnen hei am Sall kuckt mat Suerg op d'Evolution vun de Bensinnspräisser. Warscheinlech manner aus eegenem Interesse, mee sécherlech méi, well mir eis alleguerte bewosst sinn, dass d'Hausse vun de Präisser net all Stot hei am Land d'nämmlecht treëft.

Tëscht Januar an Abrëll sinn d'Präisser vun den Energieproduiten nowieslech all Mount e Stéck an d'Luucht gaangen. Tëscht Abrëll a Mee huet de Statec awer eng Baisse vun 3,9 % vermierkt. An dëst ass, ënner anerem, op d'Decisioun vum Energiedësch zrëckzeféieren, d'Käschte vum Gasresau net méi un de Konsument weiderzeverrechnen, mee vu staatlecher Sait aus en charge ze huelen. Dës Mesur huet zanter dem 1. Mee d'Gasrechnung vum alle Stéit hei am Land ëm e Fënneftel reduzéiert. Fir en duerchschnëttleche Stot mat engem Verbrauch vun 2.500 Meterkibb am Joer bedeit dëst eng konkret Entlastung vu ronn 700 Euro.

Här Präsident, ech hunn et gesot: D'Bensinnspräisser maachen eis Suergen! De Cours vum Barrel Brent, dat ass d'Referenz an Europa fir de Präis vum schwaarze Gold, huet sech déi lescht Deeg bei ëm déi 110 Dollar beweegt. Dëst ass, op e Joer gekuckt, eng Hausse vun e bësse méi wéi 50 %. Natierlech ass dës Hausse zu engem gudden Deel der geopolitescher Situatioun geschéit, déi mir kennen. Mee gradesou kloer ass et awer och, dass d'Matière première, wéi all aner Wuer, op den internationale Bourse gehandelt gëtt an dass hei Spekulationen bedriwwen ginn, déi d'Situatioun just verschäerfen.

D'Präisser, deene mir haut auseliwwert sinn, reflektéieren scho laang net méi déi eigentlech Produktiionskäschten, mee se sinn d'Resultat vun der entfesselter Spekulation, déi sech mat der fräier Organisatioun vum Marché no enger Decisioun vum deemolegen US-Präsident Ronald Reagan 1981 installéiert huet.

Bei ville Grondliwensmëttel gëllt dësen nammlechte Constat. De Credo vu manner Regulatioun a manner Staat stéisst spéitstens hei u seng Limiten.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Dës Feeler kënnen mir zu Lëtzebuerg natierlech hei net behiewen. Wat mir awer maache kënnen, a wat och de Wee vun dëser Regierung ass, dat si cibléiert Erlichterunge fir déi Stéit, déi am meeschten ënnert der Hausse vun de Bensinnspräisser ze leiden hunn.

Mir hunn den 18. Mäerz eng Energieprimm agefouert, déi, jee no Kompositioun vum Stot, tëscht 200 a 400 Euro cash an d'Täsch bedeit. Stéit, déi d'Allocation de vie chère bezéien, brauche keng Demande ze maachen, mee si kréien dës zousätzlech Suen automatesch.

Insgesamt kënnen eng 55.000 Stéit hei am Land an de Genoss vun dëser Energieprimm kommen. Mir hunn et scho méi wéi eng Kéier op dëser Plaz gesot, mee et ass ëmmer erëm derwärt, dat nach eng Kéier an Erënnerung ze ruffen.

Mir hu scho fir d'Joer 2020 d'Allocation de vie chère eemoleg verduebelt. 2021 hu mir se ëm 10 % gehéicht, fir se zwielef Méint méi spéit nach eng Kéier ëm mindestens 200 Euro ze revaloriséieren. Dës Mesuren hëllef do, wou Hëllef am néidegste gebraucht gëtt.

Mir hunn och mat der Aféierung vun der CO<sub>2</sub>-Steier gläichzäiteg de Steierkredit ëm bis zu 96 Euro gehéicht, mam Resultat, dass de Statec eis attestéiert huet, dass d'CO<sub>2</sub>-Steier bei den ënneschte 40 % vun de Stéit am Duerchschnitt integral kompenséiert ginn ass.

Et ass also e Puzzle vu cibléierte Mesuren, déi mir iwwert déi lescht Joren ëmgesat hunn an déi zesummegehall d'Kafkraaft hei am Land bei deene finanziell Vulnerabelsten ofgeséichert hunn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Doriwwer eraus hu mir viru manner wéi zwee Méint eng Reduktioun ëm 7,5 Cent de Liter beim Bensinn a beim Diesel an der Chamber gestëmmt, déi nach bis Enn Juli a Kraaft wäert si respektiv bis Enn dës Joers beim Masutt. De Käschtpunkt vun dëser Mesur beleeft sech op ronn 12 Milliounen Euro. A si kënn natierlech jiddwerengem zegutt, well se jo ouni administrativ Demarché vum Bierger auskënn an esou och net seng Situatioun a Betruecht zéie kann.

Dës Mesur schreift sech an an de Kontext vun engem ganz etofféierte Solidaritéitspak vu ronn 850 Milliounen Euro, op dee sech am Kader vun enger Tripartite gëeenegt ginn ass.

Mir als LSAP stinn zu all deene villfältige Mesuren, déi ech elo opgezielt hunn. A virun allem begrësse mir et, dass d'Regierung net aus der Héft geschoss huet an deen intellektuellen Effort gemaach huet, fir sozial selektiv Mesuren auszeschaffen, déi duerchduecht sinn an do ukommen, wou se och gebraucht ginn.

Wann een de Bléck op eist Nopeschland Däitschland riicht, wat jo ganz dacks a gäre gemaach gëtt, da stéisst een awer op de sougenannten „Tankrabbat“, deen nëmmen zu 40 % effektiv bei de Verbraucher ukënn a wou deemno 60 % vun de mobiliséierte Steiersue bei de Bedriwer vun den Tankstelle respektiv bei der Pétroindustrie hänke bleiwen.

Mir wäerten hei zu Lëtzebuerg net an den Aktionismus verfallen, mee mat roueger Hand weider no cibléierte Mesurë sichen, do, wou Léisunge gebraucht ginn. An et ass och dat, wat mir der Regierung gäre géife mat op de Wee ginn.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!



**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Hemmen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

*(Interruption)*

A, ee Moment nach. Fir d'éischt huet awer d'Madamm Hansen nach eng Fro un d'Madamm Hemmen.

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Jo. Ech hunn der Madamm Hemmen och elo ganz gutt nogelauschtert an ech wollt am Prinzipp déi selwecht Fro stellen. Den Här Hahn huet gesot, mir sollten den öffentlichen Transport ausbauen. Ech mengen, wa mer waarden, bis den öffentlichen Transport ausgebaut ass am ländleche Raum, dann hunn d'Leit keng Sue méi. Also kann dat fir mech kuerzfristeg net d'Léisung sinn. An et si vill Leit, déi op den Auto ugewise sinn.

D'Madamm Hemmen sot, si géif der Regierung verschloen, cibléiert Mesuren ze maachen. Also ass nach eng Kéier meng Fro: Wat wären déi cibléiert Mesuren aus Ärer Siicht, fir eeben déijéineg, déi zum Beispill op Schichte schaffen an den Auto brauchen? A fir déi, déi am ländleche Raum sinn, wou den öffentlichen Transport net funktionéiert, déi den Auto brauchen? Wat sinn do vun Ärer Siicht aus d'Léisungen?

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hansen. An ech ginn d'Wuert zrëck un d'Madamm Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Jo. Ech mengen, wann Der meng Ried gutt nogelauschtert hutt, dann hutt Der haaptsächlech am leschten Deel héieren, dass mer Vertrauen an d'Regierung hunn, déi och wierklech alles mécht an déi d'Käpp de Moment méi wéi zesummestreckt, fir cibléiert Mesuren auszuschaffen. Mir hunn dat Vertrauen. A mir gi mat op de Wee, dee si, mengen ech, am Sënn vun eise Bierger a virun allem vun deenen, déi et brauchen, wäerten ausschaffen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Dat Vertraue schenke mer.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hemmen. An da wier et elo um honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Benoy (déi gréng)** | Merci, Här Präsident. Dir Dammen an Härren, d'Präisser bleiwen op engem héijenen Niveau, an dat zanter Méint. Wéinst dem Krich virun allem, awer net nëmmen, et ass eng generell Tendenz, déi mer hunn. An dat dauert. Et wäert och weiderhin, denken ech, esou bleiwen, a mir mussen einfach kucken, wéi mer domadder beschmëgglech ëmginn.

Wat mer an där schwieriger Situatioun, déi mer hunn, brauchen, ass keng Polemik oder iergendwéi Schälléisungen, mee längerfristeg Léisungen, déi wierklech do ukommen, wou mer se brauchen.

An et ass natierlech virun allem schwierig fir d'Leit, déi weineng Akommes hunn, a fir déi, déi op hiren Auto ugewise sinn. An dofir musse mer och virun allem deene Leit hëllefen, op eng cibléiert Aart a Weis an net mat der Géisskan. Am Endeffekt ass dat och a virun allem eng Fro net nëmme vu Klimapolitik, mee vun enger effizienter a sënnavoller Budgetspolitik. A mir mussen hei generell kucken, de Leit längerfristeg ze hëllefen, fir onofhängeg ze ginn a fir se net nach méi an d'Ofhängegkeet vu fossilen Energien ze dreiwien. An et ass och genau dat, wat d'Regierung gemaach huet, sief et mat dem Steierkredit, deen

erhéicht ginn ass, sief et mat der Hausse vun der Allocation de vie chère, sief et mat dem Top-up vun der Energieprimm.

D'Allocation de vie chère, do ass et allerdéngs esou – an dat bedauere mer an do musse wierklech nach Efforte gemaach ginn –, dass just 4 % vun deenen 10.000, déi kéinte vun der Allocation de vie chère profitéieren, dës Mesure och wierklech notzen. An dofir ass et wierklech wichteg, dass do nach zousätzlech Efforte gemaach ginn, fir dass méi Leit vun där Mesure profitéieren. Ganz vill Leit kéinten dat nämlech nach maachen, wa se dann dovunner géife wëssen.

Do gouf eng Campagne gemaach, déi eng Woch gedauert huet. An do ass et wierklech wichteg, dass nach eng Schëpp nogeluecht gëtt an dass gekuckt gëtt, dass déi Aide och bei deene Leit, déi eligibel sinn, ukënn. An do ass de Familljeministère op jiddwer Fall gefuerdert, awer och d'Office-socialen an d'Gemengen.

An déi gutt cibléiert Mesuren, déi d'Regierung an d'Majoritéit ergraff hunn, dierfen awer net driwwer ewechtäuschen, dass déi aktuell Situatioun net jiddwereen d'nämmlech trifft. Leit mat manner Akommes, Famillje mat méi Kanner, Monoparentalen, Studenten an esou weider sinn zu Lëtzebuerg wierklech vun engem héijenen Aarmutsrisiko a vun der struktureller Ongerechtegkeet an eisem Land betraff. An dofir musse mer och an Zukunft kucken, wéi mer déi Ongerechtegkeete méi strukturell uginn. An dofir hu mer jo och e Steierdebat. An do ass et wichteg, dass d'Regierung dat am An hält an och reagiert bei nächste Mesuren.

D'CSV huet elo nach eng Kéier eng Rei Proposen op den Dësch geluecht. Eigentlech huet se virun allem déi widderholl, déi mer och aus dem leschten Debat scho kannt hunn. Dat sinn eigentlech Mesuren – an ech ka mech do just widderhuelen –, déi deier ginn, déi och oncibléiert sinn an an onsen Aen och net wierklech nohalteg zukunftsorientéiert.

Wann ech zum Beispill vum Tankrabatt schwätzen: Den Tankrabatt ass eng Mesure, vun där wierklech virun allem déi Leit profitéieren, déi wäit fueren, awer op eng ganz ondifferenziert Aart a Weis. Ech huelen elo e Beispill: E Geschäftsmann, dee mat sengem SUV vu Frankfurt eroffkënn an en décke Portomoni huet, dee kritt eng säfteg Remise, wann en dann hei tankt. Den Niddreglounverdenger awer, dee mat engem klengen Auto aus dem ländleche Raum kënnt, dee profitéiert vill manner vun där Mesure. Dat heescht, et wäre verschidde Leit, déi iwwerproportional vill vun där Mesure géife profitéieren, oder déi vun där Mesure profitéiere géifen, och wa se dat net onbedéngt bräichten.

Dofir ware mir Gréng och vun Ufank un éischter reservéiert, wat d'Reduktioun vun de 7,5 Cent ugeet, quitte dass mer déi Mesure natierlech, well se kuerzfristeg war a kuerzfristeg sollt hëllefen, natierlech matgedroen hunn am Kader vun der Tripartite. Mee mir soen awer gläichzäiteg, dass et eng temporär a kuerzfristeg Mesure ass a keng längerfristeg Léisung.

Dat soen eigentlech och allegueren d'Experten aus dem Energieberäich. An ech wëll einfach nach eng Kéier drun erënneren, dass och den däitsche Finanzminister, de Christian Lindner, mëttlerweil däitlech seet, dass déi Mesure, wéi si se an Däitschland geholl hunn, a sengen Aen och keng längerfristeg Mesure ka sinn.

Ech hat och scho gesot, dass dat heite wierklech eppes ass, wou mer och d'Budgetpolitik am A mussen halen. Längerfristeg, mengen ech, ass et och esou, dass mer net kënnen a solle voll a ganz op den Tanktourismus setzen, well wa mer eis zukunftsfaeg wëllen orientéieren – an et si Riedner viru mer, déi dat

och scho gesot hunn –, da wësse mer, dass de Verbrenner virum Aus steet. Also solle mer elo net déi nammlech Feeler maachen, déi vläicht Virgängerregierung scho gemaach hunn, wou mer zum Beispill Éiwegkeeten op Recetten duerch d'TVA aus dem Commerce électronique gesat hunn, an elo mordicus un deem Tanktourismus an deene Recettë festhalen. Besser, mir diskutéieren driwwer, wéi mer längerfristeg eis Recettë vun dem Staatsbudget op sécher an nohalteg Bee stellen.

Da koom och elo déi Propos vun der CSV fir ze soen: „Kommt, mir verlängeren déi Reduktioun vu 7,5 Cent um Spritt.“ Ech wëll awer och soen, dass dat eng Mesure ass, déi net gratis ass. Déi kascht eppes. Déi huet eis elo fir déi dräi an en hallewe Mount ganzer 54 Milliounen Euro kascht. Si kascht 15 Milliounen pro Mount. A wann een et da géif esou maachen, wéi d'CSV et fret an et géif ee se ëm zwee Méint verlängeren, da géif dat nach eng Kéier 30 Milliounen extra kaschten, woubäi mer dann a Richtung 100 Milliounen géife goe fir eng ondifferenziert Mesure, déi net forcement bei deene Leit ukënn, déi se am meeschte brauchen. An dee Chiffer, Här Roth, hutt Dir net genannt. Wann een och nach géif liicht an d'Luucht goen dovun, da komme mer awer relativ séier a Richtung vun 100 Milliounen a gären doriwier eraus, wat awer e Käschtepunkt ass fir eng oncibléiert Mesure, wou ee sech wierklech d'Fro muss stellen, wéi nohalteg a wéi gutt investéiert se ass.

Wa mer awer par contre géifen a Richtung goe vun enger Energieprimm, déi Dir och an d'Spill bruecht hutt, ass dat eng Mesure, déi eis vill méi sympathesch ass, well se, deemno wéi ee se mécht, och ganz cibléiert ka sinn. Also ass dat par contre eppes, wat, mengen ech, am Usaz och vill méi dat ass, wat meng Fraktioun gutt fënn.

D'Energieprimm, wéi gesot, fir e kleng Verglach ze maachen, kascht eis 15 Milliounen, wat nach eng Kéier, fir et an d'Verhältnis ze setzen zum Reduzéiere vum Tankrabatt, wéi mer en zu Lëtzebuerg haten, dee 54 Milliounen kascht, wierklech e ganz anere Montant ass. Also, mir si wierklech éischter derfir, dass mer do cibléiert virginn.

Vläicht, fir en anere Chiffer ze nennen: Wa mer géife soen, fir e Verglach ze maache vun deene 7,5 Cent, wann een dat iwwer d'ganz Joer géif strecken, géif dat eis op där anerer Säit kënnen erméiglechen, d'Prime énergie ze verëffneffachen, respektiv d'Allocation de vie chère ze verdräifachen. Just, fir déi zwou Mesurë mol auszebalancéieren a mateneen ze vergläichen. Mir si wierklech ganz kloer fir eng cibléiert Mesure.

An domadder kommen ech dann zum Schluss. Wat wichteg ass fir eis, dat ass, dass mer weider kucken, méi onofhängeg ze ginn, eis Energieofhängegkeet ze reduzéieren an Energie ze spueren, méi och a Richtung Teletravail ze goen, Covoiturage ze fërderen, méi lues ze fueren, den öffentlichen Transport nach méi ze ënnerstëtzen, an och quantitativ de Gemenge wierklech ze soen: „Investéiert a sécher Vëlosweeër“, well doduerjer ginn d'Leit och méi onofhängeg.

An dann, wéi gesot, déi Mesuren, déi mer och brauchen, fir de Leit wierklech cibléiert ze hëllefen – de Steierkredit an och d'Allocation de vie chère ginn an déi dote Richtung –, heescht et natierlech weider auszebauen, wann et néideg ass a wann et richtig ass. An dat Ganzt och ëmmer am Sënn vun enger zukunftsorientierter Politik, déi am Sënn ass vun enger Energietransitioun, fir a Richtung Klimaneutralitéit ze goen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Benoy.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An den Här Gilles Roth huet nach eng Fro fir Iech.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Nee, ech hu keng Fro, mee en huet mech ugeschwat, a vu dass mer nach Riedezäit hunn: Ech si frou, dass Der eis Propos, dass d'Leit an de Genoss vun der Energieprimm kënnen kommen – dat ass eng järelech Primm vun 250 bis 400, oder vun 200 bis 400 Euro –, sympathesch fannt, well dat ass jo cibléiert.

De Punkt ass deen: Deen Tankrabatt, dee jo awer dann och mat Äre Stëmmen agefouert ginn ass, déi 7,5 Cent, dat ass duebel. Éischtens ass dat, fir d'Leit ze entlaaschten. Mee zweetens, an dat soll een awer bei deem Ganzen net vergiessen, wa mir ab Juli a virun allem während dem August méi héich Sprittpräisser hu wéi an Däitschland oder herno gegebenefalls och nach an der Belsch, also da mengen ech, dass deen Abroch, dee mer am Tanktourismus hunn, am Montant wäit iwwert déi 100 Milliounen geet, déi Dir elo virgerechent hutt, wat et géif kaschte bis un d'Enn vum Joer. An dat musst Der mataberechnen.

An ech hunn Iech ganz attentif, Här Benoy, nogelauschtert, dat ass och richteg esou, an Dir hutt och eng gutt Ried gehalen, mee ech hu vun Iech awer keng Propos héieren, wéi Dir als Gréng, oder d'Regierung am Generellen, déi Milliard, déi iwwert den Tanktourismus erakënn, wëllt géigefinanzéieren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Ech wäert Iech dat ganz genau erklären am Steuerdebat, wéi mer dat géife maachen. An ech hunn, zum Beispill, Här Roth, wann Der Iech erënnert, a mengem Budgetsrapport och eng ganz Rei Piste genannt, wéi ech mengen, dass mer d'Staatsfinanzen op méi nohaltege Féiss kéinte stellen, dat hunn ech do scho gemaach an dat wäert ech weider ausbauen. An dat wäert ech Iech dann de 14. oder 15. Juli am Detail presentéieren, well mir hunn do eng ganz Rei gutt Iddien.

*(Interruption)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy. An an de Startlächer steet den Här Fred Keup prett. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, villmools merci och dem Här Roth fir dës Aktualitéitsstonn, déi wierklech ganz wichteg ass. An ech sinn dofir och frou, erëm eng Kéier hei zu deem Thema kënnen ze schwätzen.

Mir haten elo éfters driwwer geschwat, ech mengen, och nach am Februar. Dee Moment hate mer och schonn héich Präisser, eng Situatioun, déi sech zënterhier nach méi zougespëtzt huet, soudass ech hei woen ze behaapten, an dat ass mat Sécherheet richteg, dass mer eng ganz schwierig Situatioun hu fir ganz vill Mënschen hei am Land.

A besonnesch betraff sinn do natierlech déi Leit, déi op den Auto ugewise sinn, dat ass gesot ginn. Dat si ganz besonnesch déi Leit, déi am ländleche Raum wunnen, wou den ëffentlechen Transport net esou funktionéiert, an dat ass evident, wéi en am stättesche Raum funktionéiert. Dat si ganz oft Leit, déi Kanner hunn, déi net esou flexibel sinn, déi den Auto brauchen, well déi zu enger gewëssener Zäit op enger gewëssener musse Plaz sinn. Dat si Leit, déi brauchen den Auto, fir Hobbyen ze maachen. Dat si Leit, déi brauchen hir Autoen, fir Kommissiounen ze maachen. Dat si Leit, déi brauchen hiren Auto, fir schaffen ze fueren, zemoos wa se Schicht schaffen.

Dat ass e ganz grouse Problem, deen déi Leit aktuell hunn. Well mat deene Präisser, déi elo an d'Luucht gaange sinn, komme se am Stot, deemno wéi a wou se wunnen – an hei am Land gëtt et där Fäll e ganze Koup – op 300 Euro méi pro Mount, wéi dat nach virun e puer Méint war. A beim Heize kommen déi nach eng Kéier derbäi. Dat heescht, mir hunn hei eng ganz Partie Stéit am Land, déi 500, 600 Euro méi Käschten hunn, wéi dat nach virun enger Zäit war.

A mir dierfen awer och net vergiessen, dass ganz vill Leit hei am Land op déi Suen ugewise sinn. Et si Leit, déi brauchen 100 Euro, déi brauchen 200 Euro. Déi hunn um Enn vum Mount näischt Rescht! Wéi sollen déi Leit dat elo meeschten? Et ass net méi méiglech. Et ass net méi méiglech!

A mir héieren et. Jo, mir héieren et bei de Leit, mee mir héieren et awer net vill. Firwat héiere mer et net vill? Ma well déi meeschte Leit dat net soen, well se sech schummen, et zouzeginn. Si soen et net! An dat ass e ganz, ganz geféierleche Punkt fir déi Leit, och wa se et net soen, héchstens an enger Situatioun, wou se op eemol net méi kënnen oder wou se sech engem uvertrauen aus iergendengem Grond. Mee mer müssen dat seriö huelen a mir müssen dee Problem och proaktiv léisen, ier et zu enger nach méi grousser Kris kënnt an ier et effektiv zu soss nach Explosiounen kënnt, wou d'Leit es op eemol komplett genuch hunn an dann dat Ganzt net méi ënner Kontroll ass.

D'Präisser, wa mer eis dat e bësse méi genee ukucken: Hei zu Lëtzebuerg ass elo de 95er-Bensinn plus/minus 1,90 Euro, elo haut zu Tréier – ech hu gekuckt um 15.00 Auer – 1,87 Euro; also méi bëlleg zu Tréier wéi hei zu Lëtzebuerg. An der Belsch läit e plus/minus op eise Niveau, a Frankräich liicht driwwer, an a Pole bei 1,6 Euro. An déi kafen de Bensinn jo awer zum selwechte Präis an, wéi mir et maachen. D'Fro ass also: Firwat kënnen si de Bensinn méi bëlleg ubidde wéi mir?

An dat ass dann eng Decisioun, déi eng Regierung kann huelen an déi verschidde Regierungen méi huelen an anerer maner. A Lëtzebuerg leider Gottes maner!

De Staat verdéngt un eise Bensinnpräisser, un den Akzisen, TVA an CO<sub>2</sub>-Steier, ongeféier ronn d'Hallschent vun engem Liter, dat heescht, bei 2 Euro gëtt et 1 Euro fir de Staat. Do ass also e Spillraum. An do muss eppes gemaach ginn, well d'Mobilitéit an d'Heizen ass an eisen Aen e Grondrecht fir d'Mënschen hei am Land.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech sinn d'accord, dass déi Präisexplosioun ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Keup, erlaabt Der, dass den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo. Da sollte mer dat direkt maachen, Här Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat freet mech. Ech hunn Iech elo gutt nogelauschtert. Dir hutt elo gesot, dass mer a Polen e Präis hätten, deen ënnert de Präisser vu Lëtzebuerg läit.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat stëmmt. Dir wësst awer och, firwat deen ënnert dem Präis hei zu Lëtzebuerg läit: Well Pole sech offensichtlech net un europäesch Direktiven hält! Dofir wollt ech Iech d'Fro stellen: Sidd Dir der Meinung, dass och d'Lëtzeburger Regierung sech net sollt un europäesch Direktiven halen an de Wee vu Polen nomaachen? Jo oder Nee?

**M. Fred Keup** (ADR) | Et sinn eng ganz Partie Länner, déi och op deem Niveau leien, zum Beispill och Slowenien, an dat scho méi laang. An ech sinn der Meinung, wa mir an der Regierung wieren, da géife mir eis op europäischem Niveau asetzen, fir déi Bensinnpräisser iwwerall kënnen méi daitlech erofzesetzen, esou wéi et a Polen ass, Här Kersch.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | D'Präisexplosioun, ech kommen drop zréck, kënnt natierlech net nëmmen, an dat muss een och soen, duerch eis Regierung, si kënnt och duerch déi ganz Problematik, déi no Corona geschitt ass, d'Liwwerenkpäss. Si kënnt natierlech och duerch de Krich, wou mer hoffen, dass en iergendwann gläich eriwuer ass, fir eng weider Katastroph am Wanter ze verhënneren, besonnesch beim Gas. Mee d'Präisexplosioun ass eeben och, an dat muss een éierlech soen, d'Konsequenz vun der Politik vun dëser Regierung, déi, an dat ass och haut erëm offensichtlech ginn, net gewëllt ass, déi Präisser erofzesetzen, a wou een dach awer och d'Gefill huet bei enger ganzer Partie Acteuren, dass se souguer frou sinn, dass d'Präisser méi héich sinn, Stéchwuert „Tanktourismus“ an esou weider.

An dat ass eppes ganz Bedenkleches. Mir wëllen op jidde Fall, an dat soen ech hei klipp a kloer, den Tanktourismus erhalen. Den Tanktourismus ass fir Lëtzebuerg eppes Fantastesches.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Eigentlech ass et ganz einfach: Ouni dass mer eppes maachen, verdénge mer Geld! Mir riichten Tankstellen op de Grenzen op, op den Autobunnen, an d'Leit tanken. Si musse souwisou tanken, ob se an der Belsch tanken oder zu Lëtzebuerg, si müssen tanken. Wa se hei bei eis tanken, ëmsou besser, dat bréngt eis pro Joer eng Milliard Euro! Suen, déi mer brauchen, fir eebe grad och eis sozial Errungenschaften ze erhalen, fir de Leit sozial ze hëllefen. Ma da kommt, mir ginn dat dach net op! Et ass eng Win-win-Situatioun: Op där enger Säit hu mer fir eis Awunner niddreg Bensinnpräisser, dat kënnt de Mënschen zegutt hei am Land, an op där anerer Säit hu mer duerch den Tanktourismus eng Milliard Euro pro Joer, déi an de Staatsbudget erakommen, déi mer kënnen ausgi fir d'Mënschen hei am Land. Firwat solle mer dat opginn? Dat kann een dach kengem Mënsch erklären hei am Land.

**Une voix** | Très bien!

*(Brouhaha)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech wëll dat erhalen hei. An ech wëll duerfir fënnef Moosnamen hei proposéieren, déi ganz konkret sinn, wéi mer dat ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Awer da séier!

**M. Fred Keup** (ADR) | ... mat enger Motioun.

Dat Éischt, dat ass eng Reduktioun vun den Akzisen op de Brennstoffe. Mir hunn déi vu 7,5 Cent de Liter, mir wëllen déi verlängeren. A mir wëlle se souguer nach erweideren, soudass mer d'Akzise weider reduzéiere kéinten, fir dass de Bensinn nach méi bëlleg géif ginn.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Mir wëllen d'Erhiewung vun der CO<sub>2</sub>-Steier iwwert den Datum vum 1. Januar eraus net weider erhéien. Mir wëlle vum 1. Juli un e superreduzierten TVA-Saz oder op d'mannst d'TVA reduzéieren op sämtlechen Energieprodukten. Mir wëllen d'Steieren ëmmer esou upassen, dass d'Brennstoffpräisser fir ze tanken zu Lëtzebuerg ëmmer ënnert dem niddregste Wäert vun eisen Nopeschlänner leien. A mir wëllen



och nach d'Kilometerpauschal, also d'Kilometergeld, zukünftig automatesch indexéieren.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Hutt Der d'Motioun nach?

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo. Wannechgelift.

### Motion 1

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, datt*

– d'Präisser fir ze tanken a fir ze hëtze säit zwee Joer konstant an d'Luucht ginn;

– d'Steiere bei der Zesummesetzung vun den Energiepräisser eng weesentlech Roll spillen, besonnesch d'TVA an och déi op den 1. Januar 2021 agefouert CO<sub>2</sub>-Steier;

– dës Steuerbelaaschtung déi Leit mat engem klengen Revenu an déi Leit, déi um Land wunnen, souwéi d'Frontalieren iwwerproportional betrëfft;

– opgrond vun där Entwécklung ëmmer méi Bierger risikéieren, a finanziell Schwierigkeiten ze geroden;

– e Präisniveau vum Bensinn a vum Diesel iwwert deem vun eisen Nopeschlänner sech negativ op de Staatsbudget auswirkt,

*ass sech bewusst, datt*

– Lëtzebuerg Gefor leeft, hei op sozial Spannungen zuzesteieren,

*fuerdert d'Regierung op,*

– d'Reduktioun vun den Akzisen op Brennstoffe fir den Auto ëm 7,5 Cent de Liter iwwert den Datum vum 31. Juli eraus ze verlängeren an dës Akzisen nach weider ze reduzéieren;

– d'Erhiewung vun der CO<sub>2</sub>-Steier iwwert den Datum vum 1. Januar 2023 eraus net weider ze erhéijen;

– vum 1. Juli un de superreduzierten TVA-Saz vun 3 Prozent op sämtlech Energieprodukten ze applizéieren;

– d'Steieren esou unzepassen, datt d'Brennstoffpräisser fir ze tanken zu Lëtzebuerg ëmmer ënnert dem niddregste Wäert vun eisen Nopeschlänner leien;

– d'Kilometerpauschal zukünftig automatesch ze indexéieren.

(s.) Fred Keup.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Här President, d'Präisser vum Bensinn a vum Diesel si weider op engem ganz héijen Niveau, do si mir eis eens. Dass dat eng enorm Belaaschtung ass fir déi Stéit mat weenigen Revenuen, déi awer op den Auto ugewise sinn, fir op d'Aarbecht ze fueren oder d'Kanner an d'Crèche ze bréngen, ass och ganz kloer. Wann ee sech d'Präisser par rapport vu virun engem Joer ukuckt, da gesi mir beim Diesel eng Hausse vun 62 % a beim 95er-Bensinn eng Hausse vu 44 %. Fir e Stot, deem am Mount 100 Liter Diesel tanke mussen, klëmmt domat d'Rechnung vun 121 Euro op 196 Euro. Dat si vill Suen, wann een der net vill huet!

Vill méi problematesch ass doriwwer eraus de Brennes fir ze hëtzen, dee virun engem Joer 58 Cent de Liter kascht huet an haut 1,42 Euro kascht. Dat ass eng Hausse vun 145 %. Dës Präis ass och an der leschte Méint kontinuierlech weider eropgaangen.

Grad elo an der Summerméint, wou vill Stéit hiren Tank opfëlle fir de Wanter, an der Hoffnung, datt

d'Präisser am Summer, wéi an der Vergaangenheet, réckleefeg sinn, ass dat e riséiert Problem. 1.500 Euro fir e vollen Tank ze bezuelen ass eng Saach, 4.500 Euro eppes ganz aneres, wann e Stot dofir zwee Méint Revenu muss blechen.

Dobäi kënnt d'Evolutioun vum Gaspräis, deen an der leschten zwou Wochen erëm massiv geklommen ass. Dës Entwécklung wäert sech deemnächst ëmmer méi op den Avancé weisen, déi d'Stéit ze bezuelen hunn, hei och virun allem bei deene Stéit mat klengen Revenuen, oft och Locataire, déi am Normalfall a Gebaier wunnen, déi mat Gas gehëtzt ginn. Hei si Verdräifung vun den Heizkäschen ze erwaarden.

De Fokus aleng op d'Sprittpräisser ze leeën, ass fir eis dowéinst verkierzt a féiert zu engem nawell verzerrte Bléck op d'Realitéit vun de Stéit, déi gréisstendeels méi staark betraff sinn duerch d'Heizkäschen an d'Deierecht bei anere Basisprodukter, virewech um Essen, guer net ze schwätze vun de Logementspräisser. Doduerch, dass fir dës Ausgabe vill méi héich Montante vun engem Stot bezuelt gi wéi fir de Spritt, schléit d'Deierecht hei och an absoluten Zuele vill méi duerch. Mir sinn der Meinung, dass een dofir e gesamte Bléck op d'Präisentwicklung muss werfen, éier een zu Konklusione kënnt.

D'Regierung huet hir Konklusione gezunn: Si huet eng Manipulatioun vu mindestens enger Indexbranche beschloss an eng fir deen eenzelne Stot finanziell onbedeutend Bezuschussung vu Brennes a vu Spritt bis Enn Juli. Dës Mesurë vun der Regierung si schlecht. Si sinn net nëmme Klimakiller, mee zeechne kee Wee op eraus aus dem Dilemma vun der fossilen Wirtschaft. Am Géigendeel, si enferméieren eis nach méi doranner. A se sinn ongerecht, well se, nieft de sellegen Aiden, déi beschloss ginn, prioritär d'Betriebserlaaschten, egal wéi gutt oder schlecht se dostinn. An déi meescht sti jo exzellent do, wéi mer wëssen. A finanziert gi se mam Staatsbudget, deen zu engem ganz groussen Deel vun der schaffende Leit an der Rentner/inne finanziert gëtt.

Déi Lénk hätten dowéinst och e bëssen eppes anescht gemaach. Mir hunn e besteiert a soumat progressiv an der Gréisst vum Stot ugepasst Energiegeld proposéiert, dat all Stot – och deem ouni Auto, och deem mat ganz spuersamem Ëmgang mam Hëtzen – zur fräier Verfügung iwwerlooss gi wär. Dat hätt de Staatsbudget am Endeffekt och dätlech manner kascht wéi dat, wat elo beschloss ginn ass.

Donieft huet d'EU-Kommissioun de Wee opgemaach, fir den Taux super-réduit vun 3 % op enger Rëtsch Basisprodukter ze erméiglechen. Mir hunn d'Regierung schonn hei ëm eng Stellungsname gefrot a sinn der Meinung, datt d'Regierung dës Erméiglechkeet elo och soll notzen, zum Beispill, wat Kannerkleeder a -schong ugeet oder Reparaturen vun Apparater am Stot oder och eng ganz Partie Servicer am Beräich Energietransitioun, wéi zum Beispill d'Installatioun vu Fotovoltaikanlagen.

Doriwwer eraus kann d'Regierung awer och op d'Aspuren vun Energie, och besonnesch beim Spritt, awirken. Mir hu Propose gemaach: Vitesslimitatiounen, autofräi Sonndeger, et gëtt sécherlech nach aner Optiounen. Mee mir goufen domadder vum Mobilitéitsminister hei lächerlech gemaach.

Ëmsou méi erstaunt et, datt den Energieminister awer och vu Vitesslimitatiounen geschwat huet an elo d'Leit zu Aspuren beim Gas opriff, matten am Summer, wou es souwisou vill manner gebraucht gëtt.

Dat treëft dann erëm all Eenzelnen a besonnesch déi Leit, déi a schlecht isoléierte Wunnengen liewen an nieft deem finanziellen Drock, dee se schonn hunn, och elo nach e schlecht Gewësse gemaach kréien.

Här President, an dëser Kris geschützt sinn an éischter Linn déi Stéit, déi mat erneierbaren Energien hëtzen a sech mam effentlechen Transport oder mat Elektresch oder mat vun der eegener Kierperkraaft bedriwwene Gefrierer kënne fortbeweegen. Stand haut sinn dat awer oft Privileegie fir Leit mat deenen néidegen Revenuen a Kapital, fir Leit an urbane Raim mat kuerze Weeër, déi sech d'Logementer do och leeschte kënnen.

Propper Energie soll kee Privileeg sinn, mee e Recht fir jiddereen. Fir dat Recht ze verwierklechen, mussen Staat a Gemeng méi maachen, besonnesch och fir Stéit, déi haut an der Energiefalle stéien. Déi 800 Milliounen Euro staatlech Ausgabe fir d'Indexmanipulatioun wieren e gudden éischte Schratt gewiescht. Domadder hätt ee vill Fotovoltaikanlagen, Wärmepumpen an energieetesche Renovatiounen kënne finanzéieren. Mir hätten eis Ofhängegkeet vu fossilen Energieimporter schonn e Stéck reduzéiert an de Schutz virun Energiekrisen a Präisexplosiounen e bëssi méi egalitär an der Gesellschaft verdeelt.

Merci fir d'Nolauscheren.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An den nächste Riedner ass den Här Sven Clement, dee scho prett ass.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, kommt, mir maachen de Leit dach näischt vir: D'Präisser, déi ginn net hei zu Lëtzebuerg gemaach. D'Präisser ginn net vun der Regierung mat iergendengem Bic do einfach esou festgesat, wéi se grad denken. Dat wär schéin, da wäere se vläicht méi bëleg. Vläch wäere se och méi deier. Mee d'Präisser ginn um globale Marché gemaach. A firwat si se am Moment esou héich? Ma dat ass, well eis wirtschaftlech Reprise e gutt Stéck méi séier an e gutt Stéck besser war, wéi mer dat geduecht haten.

No Covid waren einfach verschidde Capacitéiten net do, fir erëm séier ze produzéieren. Doduerch sinn d'Präisser als Éischt an d'Luucht gaangen. An dunn huet e verréckten Autokrat decidéiert, en onschëllegt Land ze iwwerfallen. An doduerch sinn d'Präisser nach eng kéier an d'Luucht gaangen. Dat ass net op d'Steierpolitik zrëckzuféieren, marginal, dat ass virun allem drop zrëckzuféieren, datt et op de globale Marché esou ausgesäit, wéi et elo ausgesäit. An et wäert och weider esou ausgesinn, well soulaang mer u fossilen Brennstoffe festhalen, wäerte mer allegueren eis weiderhin an Ofhängegkeeten vun Autokraten beginn oder vu Regimier, déi d'Méischerechter just mat de Féiss trëppelen. An ech mengen, och dat muss ee soen. All Präis, deen haut um Marché gemaach gëtt, all Euro, dee méi verdéngt gëtt mam Pétrol, kënnt als Éischt de Pétrolmultien an in fine verschidde Scheichen oder Autokraten zegutt. An dofir maache mir déi héich Präisser als Éischt Suergen.

Als Zweet maache mer d'Präisser Suergen, well et grad déi treëft, déi näischt derfir kënnen. Et treëft déi Leit, déi eebe kee Choix hunn. Déi Leit, déi sech et eeben net konnte leeschten, an deene leschte Joren eng Wärmepumpe ze installéieren. Déi Leit, déi lounen an drop ugewise sinn, wat hire Bailleuer an d'Haus gesat huet. Déi Leit, déi op den Auto ugewise sinn, fir op d'Aarbecht ze fueren, an dat meeschtens net mat deem ekologeschsten Auto, well einfach d'Sue fir deen net do waren.

An déi Leit ginn elo fir d'Zweet, fir d'Drëtt a fir d'Veiert gestrooft. A genau deene Leit mussen mer selektiv hëlfen. Mir mussen net dem Chef d'entreprise hëllefen, dee mam Porsche vu Frankfurt op Lëtzebuerg kënnt. Mir mussen net deem hëllefen, dee vun der Stad aus senger Garage bis an d'Parkplatz an der Stad fiert mat

sengem décken Auto. Deem musse mer net hëllef. Dee kann op den ëffentlechen Transport zréckgräifen.

Mir mussen awer deene Leit hëllef, déi moies um 05.00 Auer mussen an der Stad sinn a sech et weinst hire klunge Paien net leeschte kënnen, an der Stad ze wunnen. Déi also net nëmme méi wäit ewech wunnen, soudatt se net kënne mam Vëlo fueren, mee déi och nach zu Auerzäite musse schaffen, déi mer allequerten als penibel géife beschreiwen an déi dofir net kënne mam ëffentlechen Transport fueren.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | An ech mengen, genau do muss een usetzen a selektiv Hëllef usetzen: Dofir hu mer och ëmmer vun engem Klimabonus geschwat. Mir mussen de Leit hëllef, hir Depensen ze meeschteren, an net de Multien an de Scheichen.

Déi 7,5 Cent op der Pompel, genau wéi déi 30 Cent an Däitschland – ganz vill Kommentatoren hunn dat scho gesot –, dat ass warscheinlech eng vun deenen dommsten Entscheedungen, déi d'Politik jee eng Kéier konnt huelen, well déi Sue si quasi direkt an d'Täsch vu genau deene gefloss, déi et net gebraucht hunn: de Pétroismultien, de Scheichen, den Autokraten, deenen d'Menscherechter relativ wurscht sinn.

An déi Suen, déi mer dofir ausginn, déi feelen op anere Plazen. Déi feelen, fir eng fair energieetesche Transitioun ze maachen. A just fir ze zitieren, wat virduun zitieréiert gouf – et gouf jo eng Studie iwwert den Tanktourismus –, ech hunn haut scho vill verschidden Zuelen héieren, ech hu se dofir nach eng Kéier extra nogekuckt: De Professer huet vun 2,1 Milliarden Akommes geschwat, pro Joer, an en huet awer och vun 3,5 Milliarde Käschte geschwat.

An dat heescht u sech, datt de Lëtzebuerger Steuerzueler – verstoppt – de bëllege Brennes fir eis Nopeschlänner matfinanzéiert huet déi lescht Joren. Wann 2,1 Milliarden Akommes versus 3,5 Milliarde Käschten do stinn, heescht dat näischt aneres, wéi datt den Tanktourismus defizitär ass.

An da gëtt et eng weider Studie vum däitschen Institut fir Wirtschaftsfuerschung – iwwregens en Institut, dat éischter no bei der Wirtschaft ass wéi bei soss eppes –, dat dann eng Kéier ausgerechent huet, wat dann esou en Euro, deen ee fir de Klimawandel ausgëtt, aspuert u Käschte fir d'Gesellschaft, an et ass op eng Quot komm vun 1 Euro zu 15. Dat heescht, déi 75 Milliounen Euro, déi mer elo net fir de Klimaschutz ausginn hunn, mee fir en Tankrabbat a fir aner Moosnamen, dat sinn 1,12 Milliarden Euro Käschte respektiv Suen, déi mer hätte kënnen aspueren.

Dat ass de Levier, mat deem mer schaffen, an dee Levier mussen mer notzen. An dofir, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, si mir ganz kloer fir selektiv Moosnamen fir déi Stéit, déi et brauchen, fir déi Leit, déi op den Auto ugewise sinn, well se am ländleche Raum wunnen an zu Auerzäite musse schaffen, wou se eeben net mam ëffentlechen Transport oder mam Vëlo kënne fueren. Mir mussen op Teletravail setzen, do, wou et méiglech ass, mee och do ass dat erëm eppes fir déi Privilegiéiert, déi Leit, déi um Büro schaffen, net fir déi Leit, déi moies fréi op der Schicht schaffen oder déi de Büro, deen dann net genotzt gëtt, botze mussen. A genau dofir brauche mer definitiv selektiv Moosnamen.

Eng Propos, déi mer schonn e puermol gemaach hunn – an do waarde mer of, wat déi nächst Zuelen elo zur TVA soen –, ass ze kucken, wat mer dann u Méi-recetten op der TVA hunn. Déi sollte mer op alle Fall ëmverdeelen, onofhängeg dovun, wat soss am Staatsbudget geschitt, an da musse mer d'energieetesche

Transitioun weiderféieren. Mir musse jiddwerengem hëllef, esou energieautark ze ginn, wéi et nëmme méiglech ass, a mir mussen do usetzen, wou et bei de Leit am meeschte wéideet, an dat ass bei deene Leit, déi wierklech keen anere Choix hunn. Mir musse kee Luxus finanzéieren, mir mussen déi elementar Iwwerliewensfäegkeet vu all Eenzelem garantéieren, an dofir setze mir eis an.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert: d'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

### *Prises de position du Gouvernement*

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech mengen, mir sollten a mir missten dësen Debat, wéi och all aneren Debat, ganz objektiv féieren. Mir sollte wierklech op d'Fakte kucken.

Iwwerall op der Welt sinn d'Bensinnspräisser iwwert déi lescht Méint an d'Luucht gaangen, dat ass kee Lëtzebuerger Phenomeen. Den Debat, dee mer hei hunn, dee gëtt et a ganz villen anere Länner och, an d'Léisungen, déi do fonnt ginn, déi gläiche sech iwwerall plus ou moins: Geziilt Hëllef fir déi sozial méi schwach Leit, méi bëllegen a besseren ëffentlechen Transport als Alternativ zum Auto – ech mengen, do si mer jo och zu Lëtzebuerg trotzdeem e Schratt virus –, wéi och Subventiounen vum Präis op der Pompel, oft duerch en Erofsetze vu Steieren oder Akzisen, eppes, wat mir och scho säit Abrëll en place gesat hunn.

Vill Leit gesinn et als eng Zort vun Naturgesetz, dass d'Präisser op der Pompel zu Lëtzebuerg méi niddreg si wéi déi am Ausland. Dat war och an der Reegel esou, well d'TVA, d'Akzisen zu Lëtzebuerg an normalen Zäiten ëmmer méi niddreg ware wéi déi an eisen Nopeschlänner.

Duerch déi Mesuren, déi dës Länner elo geholl hunn, hu sech hir Präisser um der Pompel no ënnen ugepasst. Grad an Däitschland, wou Ufank Juni en Tankrabbat agefouert gouf, huet ee Präisser gesinn, déi elo ronderëm déi fluctuéieren, déi mer och zu Lëtzebuerg bezuelen.

Deen Tankrabbat ass allerdéngs just temporaire bis Enn August. Den Här Lindner, deen huet sech effektiv och kloer géint eng Verlängerung vun dësem Tankrabbat ausgeschwat, an duerno dierft den Ennerscheid tëschent den däitsche Präisser an deenen hei am Land dann och nees méi grouss ginn.

Fir den Debat awer effektiv objektiv ze féieren, mengen ech, muss een zwou Perspektiven kucken: déi aus der Siicht vum Consommateur oder vum Automobilist oder der Automobilistin, an, op där anerer Säit, déi vum Staat.

Fir d'éischt vläicht aus der Siicht vum Consommateur oder vum den Automobilisten: Laangfristeg läit d'Léisung warscheinlech éischter an der Elektromobilitéit, mee do si mer nach net. Déi grouss Majoritéit vun de Leit huet Bensinn- an Dieselautoen a spiert déi héich Präisser op der Pompel natierlech ganz direkt. Mir sinn eis eens, dass grad déi Leit, déi méi e klengt Akommes hunn, och déi Leit – et ass e puermol hei mentionéiert ginn –, déi um Land wunnen an net op gratis ëffentlechen Transport zréckgräife kënnen, déi héich Präisser besonnesch am Portmonni spieren an si eeben an hirer Kafkraaft gedréckt ginn. An ech mengen, dat ass effektiv fir e ganze Koup Leit e Riseproblem, an däre si mer eis och ganz bewusst.

Zu Lëtzebuerg hu mer allerdéngs e System, deen deem och Rechnung dréit mam Index. Mat dem Tripartite-Accord hu mer keng Indexbranche verluer an déi Leit, déi e méi klengt Akommes hunn, kréie vum nächste Mount un, wann dann den Index erfält a reportéiert gëtt, e Crédit d'impôt énergie ausbezuelt, fir justement hire Kafkraaftverloscht ze kompenséieren.

En attendant krut säit Abrëll jiddereen déi Reduktioun vu 7,5 Cent um Liter accordéiert. Déi Subventioun ass virgesi bis Enn Juli, da soll se auslafen, zu engem Moment also, wou den neie Crédit d'impôt och scho voll gräift. Deemno geet grad deene sozial Schwachen hei keng Kafkraaft verluer.

Aus der Perspektiv vum Staat dann – an ech sinn d'accord, mir sollen eis do absolut näischt virmaachen –: D'Recetten op de Pétrolsprodukte sinn eng wichteg Source de financement vun eisem Staat an domadder och vun eisem soziale System.

Op de Pétrolsprodukte sinn zwou Zorte Steieren drop: Akzisen an TVA.

Ee Wuert zu den Akzisen: Déi ginn op de Liter gerechent. An anere Wieder: Wann d'Präisser um Marché eropginn, bleiwen dem Staat seng Recettë pro Liter déi selwecht. Fir dëst Joer, also 2022, si ronn 930 Milliounen Euro vu Recetten op den Akzisen um Bensinn an um Diesel budgetiséiert.

Wien also d'Akzise weider wëll erofsetzen – dat ass och hei proposéiert ginn –, mengen ech, muss dann awer och erklären, wéi en dat Lach da stoppe wëll, ouni gläichzäiteg den Defizit méi grouss ze maachen.

Gläichzäiteg ass et awer esou, dass ons Nopeschlänner eeben och Mesurë geholl hunn, déi dozou féieren, dass de Präis op der Lëtzebuerger Pompel manner attraktiv ass. Doduerch hu mer dann och de Risiko, dass eis Recetten ewechbriechen, wa vun haut op muer manner Leit bei eis tanke kommen.

Anescht wéi d'Akzise gëtt d'TVA op de Präis gerechent. Wann deen eropgeet, ginn d'TVA-Recetten och erop. Wann een elo awer d'Zuelen op de leschten Dag am Mount Mee kuckt, da leien d'Recettë bei der TVA op engem Niveau vun 43 % vun deem Montant, dee fir d'ganz Joer budgetiséiert ass, währenddeem mer d'lescht Joer, 2021, ëm dës Zäit scho bei 46,6 % louchen.

Dat läit natierlech och dorunner, dass 2021 en exceptionnel staarkt Joer war an dëst Joer d'Ekonomie awer méi lues ze dréine schéngt an déi méi héich Präisser dat dann net ganz opgefaang kréien.

D'Mesurë vum Energiedéisch kaschten de Staat an, ganz richteg, kaschten eis alleguernten allerdéngs 75 Milliounen Euro. An ech erënneren do och un d'Allocation de vie chère, déi Mesurë, déi mer eropgesat hunn a bei där mer och d'Fourchette vun de Beneficiairë vill méi grouss gemaach hunn.

Déi 7,5-Cent-Reduktioun kascht de Staat effektiv och ganz vill Suen: 66 Milliounen. An de Crédit d'impôt énergie kascht aleng fir dëst Joer iwwer 300 Milliounen. Ech zielen do elo net alleguernten déi aner Mesuren, déi mer och geholl hunn, nach eng Kéier op, mee ech mengen, et ass ganz kloer, dass et hei ëm eng grouss Ëmverdeelung geet, en faveur vun deene Leit, déi vun den héijen Energiepräisser wierklech am meeschte beträff sinn.

Wat d'Evolution vum de Venten op der Pompel ugeet, an hei haaptsächlech fir de Bensinn, sou kréien ech gesot, dass déi op d'mannst bis Enn Mount Mee inclues nach iwwert dem Niveau vun 2021 lounen. Am Juni, par konter, konnte mer elo e gewësene Réckgang feststellen, wat wuel op den däitschen Tankrabbat zréckzeféieren ass. Et schéngt mer awer ze



fréi ze sinn, fir heiraus elo Konklusione fir dat ganz Joer ze zéien. Mir suivéieren déi Situatioun natierlech ganz genee, och wéi dat dann elo am Mount Juli wäert evoluéieren an natierlech dodriwwer eraus.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, nieft dem grausamen an illegale Krich an der Ukrain, deen natierlech wéinst der Aktualitéit am Vierdergrond steet, gëtt et awer ëmmer nach eng Klimakris. Déi betrëfft eis och alleguer, och wa se elo e bësse méi an den Hannergrond geréckelt ass. Fir awer säin Deel zum Kampf géint de Klimawandel bäizedroen, huet Lëtzebuerg decidéiert, säin CO<sub>2</sub>-Ausstouss bis 2030 ëm 55 % ze reduzéieren. Dozou gehéiert och, d'Vente vum Bensinn an Diesel progressiv erofzufueren.

Dat heescht, dass mer mëttelfristeg wëllen, dass manner Leit aus dem Ausland bei eis tanke kommen, wéi dat eeben haut de Fall ass. Mee ech hunn Iech virdru gesot, dass eis Ventë par rapport zum leschte Joer bis ewell tendanciell eropgaang sinn. Mir müssen also och oppasse mat eventuelle Mesuren, déi risquéiere géifen, eis par rapport zum Ausland ze vill attraktiv ze maachen. Mir müssen den néidegen Equilibre fannen.

Am Sënn vun der Lutte géint de Klimawandel wär et och kontraproduktiv, wéi verschiddener eventuell och hei fuerderen, d'CO<sub>2</sub>-Steier elo komplett ofzeschaffen. Ech wëll an deem Kontext och drun erënneren, dass de Statec gewisen huet, dass d'Hausse vun der CO<sub>2</sub>-Steier fir déi akommeschwaach Stéit iwwert de Crédit d'impôt énergie kompenséiert ass; d'Madamm Deputéiert huet dat och mentionéiert.

Am Resümee, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Déi héich Energiepräisser sinn d'Resultat vum Krich an der Ukrain an der Evolusioun vun de Präisser op dem Weltmarkt. De Schlëssel fir méi niddreg Präisser läit dofir op den nohaltegen a – wa méiglech – wierklech koordinéierte Solutiounen op europäeschem an och internationalem Plang. Den Energieminister ass och haut de Mëtteg hei. Hien huet gëschter um Conseil énergie deelgeholl an hie wäert Iech och e puer Wieder dodriwwer soen.

Mat nationale Mesuren am Beräich vun de Steiere kann een, mengen ech, tout au plus pléischteren. Héich Energiepräisser si mol un éischter Plaz e Problem fir déi Leit, déi méi ënnen op der sozialer Leeder stinn, a mir hunn hei eng ganz Rei vu Mesurë geholl, och op steierlechtem Niveau, fir deene Leit ënnert d'Ärm ze gräifen.

Nogekuckt huet hei definitiv keen, keen an der Regierung an, ech mengen, heibannen och keen. Mir wäerten d'Situatioun weiderhin natierlech ganz genau suivéieren. Ech sinn op alle Fall och oppen derfir, do, wou néideg, weider Mesuren an d'An ze faassen. Zu deem Zäitpunkt, mengen ech allerdéngs, ass et ze fréi, fir seriö Konklusione ze zéien.

Ech soen Iech Merci, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert. A wéi gesot, ech mengen, wat ech Iech elo gesot hunn, sollt awer nach komplementéiert gi vum Energieminister. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Finanzministesch. Erlaabt Dir nach, datt den Här Roth Iech eng Fro stellt?

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Jo.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo. Merci, Madamm Minister. Ech soen Iech och Merci fir Är Ausféierungen. Ech stellen awer fest: D'CSV-Fraktioun hat dräi konkret an einfach verständlech Propose gemaach, an Dir hutt op keng vun deenen dräi geäntwert.

Oder muss ech aus Ären Ausféierungen schléissen, dass d'Regierung net gewëllt ass, den Tankrabatt vu 7,5 Cent iwwert den 30. Juli erauszeféieren, sachant bien, dass an Däitschland den Tankrabatt vun 30 Cent weider bis den 31. August leeft?

Liesen ech aus Ären Ausféierungen, dass d'Regierung net gewëllt ass, op den europäesche Minimum vun den Akzisen, Steieren an der CO<sub>2</sub>-Steier ze goe bis un d'Enn vum Joer?

A liesen ech och, dass d'Regierung net gewëllt ass, eis Propositionen, wou mer gesot hunn, dass de Cercle vun deene Leit, déi an de Genoss vun der Energieprimm kommen, soll an d'Luucht gesat ginn, mat eis ze diskutéieren?

**M. Fernand Etgen**, Président | Ier ech d'Wuert un d'Madamm Finanzministesch zrëckginn, wëll ech nach dem Här Kaes d'Wuert ginn.

**M. Aly Kaes** (CSV) | Jo. Merci, Här President. Et éiert d'Madamm Finanzministesch, datt se erkannt huet, jo, datt een am ländleche Raum net kann ouni Auto si fir ganz vill Aktivitéiten, déi een huet, notament d'Aarbecht oder den Transport vun de Kanner, d'Akafen a sou weider.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg e gratis ëffentlechen Transport, deen awer grad am ländleche Raum ... a souguer den Här Bausch seet – mat Recht –, mir kéinten den ëffentlechen Transport net bis an de leschten Eck optimal fonctionéieren dinn. Dann hutt Dir erkannt, datt dat eng supplementär Belaaschtung fir d'Leit aus dem ländleche Raum ass. Dir hutt just eppes awer vergiess an duerfir wollt ech Iech dat froen ...

Sot mir oder sot eis allegueren: Wat gedenkt d'Regierung ze maachen, fir wierklech déi supplementär Käschten, déi Dir selwer hei treffend beschriwwen hutt, effektiv ze reduzéieren an deene Leit ënnert d'Ärm ze gräifen, déi wierklech net aneschtens kënnen, wéi een Auto a ganz dacks, wa se zu zwee schaffen an der Koppel, zwee Autoen ze hunn, fir iwwerhaupt iwwert d'Ronnen ze kommen an iwwerhaupt kënnen schaffen ze goen?

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kaes. An da ginn ech d'Wuert zrëck un d'Madamm Finanzministesch.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Merci. Ech hunn Iech ganz gutt nogelauschert, allegueren de Propositionen, déi och hei gemaacht gi sinn. Ech mengen, mir huelen eis déi néideg Zäit an der Regierung, mee och am Dialog mat de Partnern fir ze kucken, wat elo, wann nach Mesurë gebraucht ginn, déi richtig Mesurë sinn. Mir maachen dat elo net hei de Mëtteg an der Chamber, mee mir bleiwen do responsabel am Dialog an huelen d'Decisiounen sou séier, wéi se dann och néideg sinn.

Mee dat ...

*(Interruption)*

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Jo. Mee elo mol ouni d'Chamber.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Ouni d'Chamber!

**Une voix** | Très bien!

*(Coups de cloche de la présidence)*

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Wéi?

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Ouni d'Chamber!

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dialog, awer ouni d'Chamber ...

*(Interruption)*

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Dat hunn ech ... Dat hunn ech net gesot.

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dir hutt dat grad gesot.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Neen, dat hunn ech elo net gesot, am Dialog mat allegueren deenen, déi concernéiert sinn, dofir hunn ech Iech och ganz gutt nogelauschert.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Wat maache mer dann hei?

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Ech mengen, mir dierfen awer trotzdem net vergiessen, dass hei schonn e ganze Koup Mesurë geholl gi sinn an dass och de Crédit d'impôt, dee mer och laang mat der Chamber diskutéiert hunn, deenen am ländleche Raum zegutt kënnt, deene Leit, déi et wierklech brauchen. Ech mengen, dat ass eng Mesure, déi extreem wichteg ass an déi wierklech fir déi Leit ass, déi am meeschten ënnert der Situatioun hei leiden.

Mir hunn och vun der Allocation de vie chère geschwat. Ech mengen, dat ass och eng ganz wichteg Mesure, wou vill Leit kënnen dovunner profitéieren, deenen et wierklech net gutt geet. Ech hunn och héieren, dass do nach e Kommunikatiounseffort ze maachen wier, och dat hunn ech notéiert a wäert ech weiderginn.

A fir de Rescht, mengen ech, ass et elo haut zu deem Zäitpunkt fir mech a fir d'Regierung net de Moment, fir eng Decisioun ze huelen, mee mir huelen d'Decisiounen am Interêt vun de Leit sou séier, wéi et geet, a wann de richtige Moment ass.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Finanzministesch. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo den Energieminister Claude Turmes.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Gudde Mëtteg. Ech wollt vläicht nach e puer Wuert soen och zu deem, wat mer als 27 Energieministere gëschter Mëtteg diskutéiert hunn, wou mer e Huis clos haten, wou mer och nach eng Kéier d'Situatioun gekuckt hu vum Pétroilmarché an och vum Gasmarché.

Wann ech mam Pétroilmarché ufänken: De Pétroilmarché ass e Weltmarché. Dee Weltmarché ass héich am Präis, well d'Demande elo souguer liicht iwwert dem Niveau ass vu viru Covid. Dat huet natierlech domat ze dinn, dass d'Wirtschaft erëm iwwerall gutt ugesprongen ass. A soulaang wéi déi Demanden esou héich ass, wäert de Präis och héich bleiwen.

An dat eenzeg, wat een dergéint ka maachen, ass, dass ee géif op der Säit vum Konsum Moosnamen huelen am grouse Stil, fir d'Demande ze senken. Ech hunn där selwer an d'Gespräch bruecht op Basis vun den Dokumenter, déi d'International Energy Agency zu Paräis gemaach huet, de Fatih Birol. Déi Moosnamen, déi wierklech eppes géife bréngen, dat wieren: kollektiv a ganz Europa Geschwindegkeetsreduktioun op den Autobunnen, kollektiv a ganz Europa zwee Deeg Homeoffice. Déi zwou Mesuren eleng, dat ass eng Millioun Barrel. Eng Millioun Barrel!

An de Präis ass elo haut – ech mengen, dat huet d'Madamm Hemmen gesot – liicht iwwer 100. Dir musst awer wëssen, dass et nach zwee Facteure gëtt, déi ...

**M. André Bauler** (DP) | 110.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Gelift?

**M. André Bauler** (DP) | 110!

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | 110, maja.

Et sinn nach zwee Facteuren, déi elo déi nächst Méint kënnen spillen. Dat eent ass: De Pétrolverbrauch

a China ass ënnert deem, wéi en normal ass, well a China nach ganz vill Leit am Covid-Lockdown sinn. An dat anert ass, dass elo eigentlech an Amerika eréischt d'Driving Season kéint – dat ass, wann d'Amikaner an d'Vekanz ginn –, an do geet de Pétrolskonsum um Weltniveau ëm bal méi wéi 1 Millioun Barrel an d'Luucht. An déi Barrel gëtt et net um Weltmarché. Dat heescht, d'Situatioun wäert sech och déi nächst Méint net entspannen.

Wat awer wichteg ass, an, ech mengen, dat ass vun der Madamm Hemmen, vum Här Hahn, vum Här Benoy, och vun der Madamm Finanzministesch gesot ginn: Kommt, mir maachen awer elo hei net – an dat stéiert mech awer e bëssen, Här Roth –, wéi wa mer net kollektiv ganz vill Aktiounen gemaach hätten. Mir haten en Energiedéisch. Do hu mer d'Allocation de vie chère eropgesat; mir hu se méi breet gemaach. Mir hunn d'Gasclienten entlaascht ëm eng Zomm, déi dräistelleng ass. Mir hunn de Stroumpriis eropgesat. Duerno hu mer eng Tripartite gemaach, wou mer och e Crédit d'impôt grad fir déi Leit, déi manner Akommes hunn, gemaach hunn. An ech fannen et schon e bëssen erstaunlech, dass dann hei gemaach gëtt, wéi wann all déi dote Moosnamen net geholl gi wieren. Kommt, mir sinn dach emol éierlech! Mir hu ganz déif an d'Täsch gegräff. Dat kascht eis jo awer méi wéi ..., also 500 Milliounen, dat alles. An dat maache mer, fir de Lëtzebuerger an de Lëtzebuergerinnen, awer och de Leit, déi iwwert d'Grenz bei eis schaffe kommen, cibléiert ze hëllefen. An dat ass jo een Deel.

An deem aneren Deel ass, dass mer e Klimabonus-Programm hunn. Ech mengen, e puer vun den Deputéierte waren elo eng Kéier bei der Klima-Agence, ech mengen, ech hoffen, dass ech Tech do iwwerzeegen konnt, dass mer dat ganz professionell uginne. Mir hunn nach ni mat esou enger Kraaft an esou ville Leit och zu Lëtzebuerg gehollef, fir eebe vu fossiller Ofhängegkeet an der Mobilitéit eriwuerzegen kommen op Elektresch; an den Haiser: d'Haiser ze isoléieren, Fotovoltaikanlagen. Also ech mengen, mir maachen och do alles, fir déi Ofhängegkeet an de Grëff ze kréien. An dat Lescht: Mir reguléieren eis Tankstellen. An ech weess net, ob Der dat elo e bësse verstanen hutt déi lescht Wochen: Firwat war Däitschland esou schlecht drun? Ma well se kee Maximalpräis hunn. Well an Däitschland Schmu gemaach ginn ass op den Tankstellen. Zu Lëtzebuerg gëtt et kee Schmu op den Tankstellen, well mir dat iwwer Gesetz reguléiert hunn. An dat ass ee vun eise kompetitive Virdeeler.

Da vläicht nach e Wuert zum Gas. An hei ass d'Fro opkomm, firwat ech gëscht opgeruff hunn, dass mer elo Gas solle spueren. Wat ass d'Situatioun? D'Situatioun ass, dass, nodeem d'Gazprom ugefaangen hat, Bulgarien ofzespären, Finnland ofzespären, ech mengen, dat war nach relativ wäit ewech vun eis ..., mee d'lescht Woch huet d'Gazprom ugefaangen, Däitschland net méi esou ze beliwwere wéi virdrun.

A wat heescht dat? Dat heescht, dass d'Waff vum Gas am Här Putin senger Hand elo och a Westeuropa genotzt gëtt. A wat kënne mer maachen? Wat ass eis Äntwert? Eis Äntwert ass, an dat hu mer gëscht och elo final decidéiert, dass mer d'Gasspäicheren an Europa reegelen. Déi mussen am November zu 90 % gefëllt sinn. Dat hu mer gëscht elo final als europäesch Gesetzgebung decidéiert.

Mee fir dass d'Gasspäicher am November zu 90 % gefëllt sinn, muss ech awer Gas hunn, fir dran ze maachen. A wa Russland elo erofgeet op null, dann hu mer Krämpes, fir eis Gasspäicheren ze fëllen. An ech wëll Tech elo hei net am Detail erklären, wat dat heescht, wann d'Gasspäicher net gefëllt sinn dës Wanter, well da si mer extreem vulnerabel. Extreem vulnerabel!

An duerfir ass all Kilowattstonn Gas, déi elo ab sofort gespuert gëtt, eng Kilowattstonn Gas, déi kann an d'Gasspäicher goen. An déi Gasspäichere sinn eis beschten Assurance, fir iwwert deen nächste Wanter ze kommen.

An duerfir ass et wichteg, dass mer elo kollektiv do aktiv ginn. Natierlech all eenzelen. Mee dat, wat mech freet, ech hat ..., de Moment si mer amgaang, den Tour ze maache mam Klimabonus an de Gemengen. D'Gemeng Schëffleng, d'Gemeng Schëtter, d'Gemeng Wëntger hu virbildlech Programmer an hire Gebaier a spuere 15 %, 18 %, 20 % vun hirem Gas a Masutt einfach nëmmen doduerch, dass se Reegelen agebaut hunn an dass se ee Mann an hirem Service technique hunn, deen duerno kuckt.

Mir hu bei der Post en Datazenter, deen huet seng Temperatur vun 18 op 20 eropgesat. 20 % Energie agespuert! A mir si mat der Fedil amgaang, mir hunn de Questionnaire gemaach. Mir kucken elo an alle groussen Industrien, wéi mer do weiderkommen. An ech mengen, et ass esou, wéi mer mussen äntweren op den Här Putin: zesummen an Europa an zesummen hei zu Lëtzebuerg.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Turmes. Dann direkt Parole après ministre fir den Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo. Merci, Här President. Et ass u sech eng Fro un de Minister, well de Minister huet gesot, dass mer alleguerde sollte Gas spueren a virun allem och kee Gas méi sollte verwenden. Do ass haut eng Äntwert op eng Question parlementaire vu mengem Kolleeg, dem Marc Goergen, komm, wou de Staat eis selwer gesot huet, dass zënter 2016 1.100 abandabel Wunnengen gebaut goufen, mee vun deenen 1.100 abandabele Wunnengen der 52,9 % mat enger Gasheizung gebaut goufen. Wéi verbënnt de Minister béid Aussoen, mir sollte Gas spueren, a gläichzäiteg eng Regierung, déi awer déi lescht sechs Joer zumindest massiv an den abandabele Wunnengen nach Gasheizung verbaut huet?

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Dann d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo. Ech fueren do direkt virun, well ech ginn nach weider. Mir hunn nämlech elo och eng Question parlementaire gestallt zu deem do Thema. Well déi nei, déi elo amgaang sinn, gebaut ze ginn, déi nach net fäerdeg sinn, déi ginn och nach ëmmer mat Gasheizung gebaut, déi abandabel Wunnhaiser. Dat ka jo awer net sinn! Och wann d'Gesetz eréischt 2023 a Kraaft trëtt, dass da keng méi dierfe gebaut ginn, misst de Staat jo awer onbedéngt hei mam gudden Beispill virgoen. A grad an deenen doten Haiser misst mer jo en aneren Heizsystem ewéi de Gas fannen a promouvéieren. Dat ass fir eis och net ganz, ganz kloer.

An ech hat iwwerens net gesot, et wär komesch, ...

(Interruption)

... dass Dir géift opruffen, mee ech fannen dat ganz richtig. Mee et ass just e bësse komesch, dass dat elo am Summer kënnt. Do misst ee scho Campagné maachen, mengen ech, och fir de Leit ze soen, wéi se genau kënne Gas aspueren, wa se awer nach ëmmer eng Gasheizung hunn.

An dann déi aner Saach, déi ech awer wollt soen, déi ech och ganz luewenswäert fannen, ass, dass Dir hanner zouenen Dieren zum Schluss komm sidd, dass Vitesslimitatiounen missten agefouert ginn. Hei an deem héijen Haus hunn déi Lénk dat virun e puer Méint

gefuert mat Ärem Kolleeg, dem Transportminister. Mir sinn hei quasi ausgelacht gi vun der Tribün aus, wéi wa mir se net méi all hätten, dat anzefuerderen, an dat géif guer näischt bréngen an dat wiere falsch Sécherheeten an esou weider an esou fort. Mir hunn do Tempolimitte souwuel op der Autobunn wéi op anere Stroosse gefuert. Mir hunn och autofräi Sonndeger gefuert, wat ee kéint maachen. Elo kommt Dir mat där Iddi. Mir fannen dat ganz, ganz wichteg. Mee schwätzt awer vläicht och emol mat Ärem anere grénge Minister. Vläch gitt Der Iech dann och eens a mir komme vläicht och emol hei am Land méi séier virun.

An da wier et och vläicht gutt, einfach der Oppositioun mol nozelauschten an, wa se sou Iddien huet, dat net direkt an d'Lächerlecht ze zéien.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Dann nach Parole après ministre fir den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Merci, Här President. Et sinn och éischter nach Froen un den Här Minister wéi elo Parole après ministre.

Den Här Minister huet eis gesot, hien hätt eng Rei vu Moosnamen op der Reunioun vun den europäesche Ministere gëscht an d'Gespräch bruecht. Do wär dat Éischt d'Geschwindegkeetsreduktiounen op den Autobunnen. Ech wollt den Här Minister froen, wat e genau proposéiert huet a wéi d'Reaktiounen vun deene Ministere waren, déi am Abléck keng Limitatiounen op hirem Autobunnnetz hunn, éischter eng Recommendatioun, wéi wäit do d'Diskussioun komm ass.

Déi zweet Proposition, déi den Här Minister an d'Gespräch bruecht huet, ass: Zwee Deeg Aarbecht doheim an der Woch. Do wollt ech och froen, ob dat hei an der Regierung ofgeschwat war, well mir hu jo eng Diskussioun hei am Land, dass eigentlech do kee richteg Kader besteet. Dat heescht, wat seet den Här Aarbechtsminister dozou? Wat seet d'Madamm Finanzminister dozou? Ass do geschwat ginn iwwer en europäesche Kader fir d'Aarbecht doheim oder wéi huet den Här Minister dat presentéiert?

Déi drëtt Fro: Bis elo huet den Här Minister, wann et ëm alternativ Energie gaangen ass, jo ëmmer gesot, de Gas wär de Backup. Bon, dat ass elo warscheinlech net méi esou einfach. Et ass och éischter esou, dass mer an enger ganzer Rei vu Staate gesinn, dass d'Kuelekraaftwierker erëm ugeworf ginn, fir den Energiekonsum awer iergendwéi kënnen ze bedéngen. Do wollt ech den Här Minister froen: Wat ass den ekologeschen Impakt vun där Entwécklung an d'Konsequenz op d'Klimaziler, am Horizont 2030, vun där Entwécklung, wéi mer se elo gesinn?

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An elo géif ech d'Wuert zrëckginn un den Här Energieminister Claude Turmes.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Fir d'Éischt dem Här Clement seng Fro. Also, ech mengen, d'Situatioun, also de Stellegwärt vum Gas, deen ass en anere säit, géif ech soen, e puer Méint. De Gas ass effektiv laang gesi ginn, nieft den erneierbaren Energien an der Energieeffizienz, als quasi esou eng Transitioun. An dass d'SNHBM, obwuel d'Gesetz et net verbueden huet, Gas ze maachen, quasi 50 % vun hire Gebaier ouni Gas gemaach huet, weist jo awer schon, dass se iwwert d'Gesetz erausgaangen ass. An ech mengen, et ass relativ evident, dass d'SNHBM, sou wéi all déi aner Leit zu Lëtzebuerg an och d'Investoren, sech elo un d'Gesetz hale mussen.



Ech mengen, mir hunn dat strengst Gesetz a ganz Europa, wat nei Gebaier ubelaangt. An dat brauche mer och an et ass grad an dësen Zäiten nach méi richtig. An ech mengen, dat ass jo da schonn deelweis och op eng Fro vun der Madamm Cecchetti geäntwert.

Mat de Campagnen ass et esou: Mir sinn amgaang, eng Campagne virzebereeden, mee déi wollte mer am Hierscht lancéieren, wann d'Leit erëm ufänken, hir Heizungen unzemaachen, well mer mengen, dass dat ee Moment ass, wou och méi Opmierksamkeet bei de Leit do ass. A mir schaffen och ganz enk mat den Handwierker zesummen, fir dass mer do eppes hikréien, dass d'Heizunge gutt agestallt ginn. An ech mengen, dass dat dee richtige Moment ass, fir dann och geziilt Informatiounen ënnert d'Leit ze bréngen.

Mee et ass kloer, wa mer wëllen, dass d'Leit eppes maachen, da muss de Staat eppes maachen. Dat heescht, mir sinn och amgaang ze kucken: Wat kann an de Staatsgebaier geschéien? Mir sinn amgaang ze kucken, iwwert d'Klimabündnis: Wat kënne mer mat de Gemenge maachen? An ech hu schonn erwänt, dass mer mat der Fedil zesummeschaffen. Ech hunn och elo sämtlech Wärmenetzbedreiwler ugeschriwwen, déi eng fir ze froen: Kënnst Der net méi Holzhack maachen? An et sinn der och, déi nach d'Méiglechkeet hunn, erëm eriwuer op Heizueleg ze goen. Dat heescht, mir probéieren, bis den Hierscht eppes Kohärentes ze hunn, wat all Mënsch hei zu Lëtzebuerg zesumme motivéiert, fir eeben dann a Richtung Spueren ze goen.

Zu der Vitesslimitatioun: Ech hunn ni gefuerdert, dass Lëtzebuerg soll op den Autobunne seng Vitess reduzéieren, well dat fir de Welpetrolspräis näischt bréngt. Dir musst, fir dass dat eppes bréngt, eng Masse critique hunn. An duerfir mécht déi Moossnam nëmme Sënn, wa se wierklech a ganz Europa gemaach gëtt.

An ech war selwer, Madamm Cecchetti, derbäi, wéi den Här Bausch mat Iech an och mat Ärer zweeter Deputéierter eng Diskussioun hat iwwert d'Tempolimitt. Mee do ass et virun allem och ëm d'Zon 30 gaang. An ech mengen, dat, wat den Här Bausch gesot huet, ass awer net falsch. Wann s du eng Strooss hues, déi riicht ass, da kanns du eventuell virschreien: „Hei ass Zon 30!“, mee et bleift awer geféierlech, well et näischt gëtt, wat den Autofuerer dorun erënnert. An natierlech hat den Här Bausch, mengen ech, am selwechte Wuert och gesot, dass en amgaang wier, mat sengem Ministère an och mat de Gemengen, déi eng Zon 30 ufroen, fir eeben an déi Richtung ze goen, ze kucken, dass dann och an engems baulech Moossname geholl ginn.

Den Här Kartheiser. Also, ech hunn dat gëschter elo nach eng Kéier opgeworf. D'Kommissioun kënnt mat engem neien Dokument den hallwe Juli. Ob elo déi aner Länner dat esou gesi wéi ech, dat gesinn ech dann. Ech kann Iech just soen: De Fatih Birol ass ee vun den op der Welt unerkannt sten Experte bei der International Energy Agency, an dee Mann seet: „Wann Dir net mat der Demande erfogt an der westlecher Welt, da kënnt Der net erwaarden, dass de Präis fällt!“ An ech mengen, dat ass einfach eng batter Realitéit.

Et ass net einfach, esou eng Campagne ze organiséieren, mee ech mengen, wa mer wierklech wëllen en Impakt hunn op de Welpetrolspräis no ënnen, da muss mer d'Demande senken, well bei der Offer hutt Der ganz vill geopolitichesche Komplikatounen. Dir hutt d'OPEC, déi net wëllt, Dir hutt d'Iran-Verhandlungen, déi och am Stocke sinn, an esou weider an esou weider, soudass mer mussen bei der Demande agéieren.

Déi Saach mam Tempolimitt an dann eeben zwee Deeg vun doheem aus schaffen – firwat mécht et Sënn, dass mir als Lëtzebuerg dat zu Bréissel froen? Majo, wa mer eng Decisioun kréichen, dass dat a ganz Europa wier, da wiere mir eiem Problem lass, dass mer eis Accorden net hu mat den Nopeschlänner. Wann dat esou wier, wier dat jo eng temporär exceptionnel Moossnam. A wann déi géif zu Bréissel decidéiert ginn, da gesinn ech jo awer net Däitschland a Frankräich an d'Belsch zu eis soen: „Mir hunn zwar elo opgeruff, fir zwee Deeg Homeoffice ze maachen, mee mir bestrofen awer all déi Frontalieren, déi op Lëtzebuerg schaffe ginn a mir toleréieren deenen nëmme een Dag.“ Dat heescht, dat ass an där Hissicht ganz kohärent, fir esou eng Fuerderung op deem Niveau ze maachen, wou et am meeschte Sënn mécht.

An da war gëschter och den Här Habeck do. Ech hunn och méi laang mat him geschwat. Dir kënnt Iech virstellen, dass et fir klimamotivéiert Politiker net einfach ass ze soen: „An där extremer Situatioun, fir d'Gasspäicherer ze fëllen, muss ech elo souguer Kuelekraaftwierker erëm asetzen, fir Gaskraaftwierker ze spueren (veuillez lire: fir Gas ze spueren).“ Mee wat den Här Habeck awer och an engems versprach huet, dat ass, dass en déi Méiemiissiounen, déi Däitschland elo 2023, 2024 oder 2022, 2023 an 2024 eventuell wäert hunn, duerno iwwerkompenséiert. Dat heescht, Däitschland gëtt sech e Budget climat a wäert elo liicht iwwert deem Budget sinn a wäert, well se elo och vill méi schnell hir erneierbar Energien ausbauen, dann an de Joren 2026, 2027, 2028 d'Méiglechkeet hunn, do drënner ze sinn.

An dat ass och an där schwieriger Zäit, an där mer elo sinn, déi grouss Opportunitéit, dat hunn ech gëschter gespuert, och bei den osteuropäeschen Energieministern. D'Volontéit, fir fortzekomme vun de fossilen Energien, déi ass esou grouss, wéi se nach ni war. Dat heescht, dass den Tempo fir Erneierbarer a fir Energieeffizienz a fir et zesummeschaffen an Europa, besser ass. An duerfir sinn ech awer e Stéck wäit optimistes.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Dann huet nach den Här Kaes d'Wuert gefrot.

**M. Aly Kaes** (CSV) | Jo. Merci, Här President, fir d'Wuert. Här Minister, am Kader vun Ären Ausféierungen iwwert d'Spuere vu Gas, well jo bekanntlech zougedréit gëtt, ëmmer méi zougedréit gëtt, hutt Der gesot, datt a sech awer d'Stéit protegéiert wieren. An Dir hutt gesot, d'Industrie, déi géif net dorënner falen. Et géif eng berühmte Lëscht bestoen. Ech wollt a sech d'Fro stellen: Wéi ass et da mat deene Betriber, déi an der Liewensmëttelproduktioun tätég sinn an déi och Energie brauchen an, ënner anerem, och Gas brauchen? Wéi sinn déi protegéiert? Ob déi dann ënnert déi Protegéiert falen oder ënnert déi net Protegéiert. Do wier et awer gutt, wa mer do méi Kloerheet hätten.

An da wollt ech awer soen, Här Minister, ech ënnerstëtzen absolutt d'Gemengen, déi Efforte maachen, fir de Masutt ze reduzéieren. Wann een awer schonn eng ganz Rei Heizungen huet als Gemeng, wou iwwerhaapt kee Masutt méi benotzt gëtt, dann ass et schwéier, de Masutt ze reduzéieren. Dat muss een awer och ganz kloer soen.

Merçi.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Wann ech virdu Schëffleng a Schëtter a Wëntger genannt hunn, hätt ech eigentlech och nach missen d'Gemeng Tandel nennen, well déi eigentlech nach e Schrack

méi wäit ass, well se schonn de Gros vun hire Gebaier einfach ...

**Une voix** | A!

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | ... op net ...

**Plusieurs voix** | A!

**M. Aly Kaes** (CSV) | A!

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Aly, du bass dee Beschten, mir wëssen et all!

*(Hilarité et brouhaha)*

Vläicht dann nach zu där Fro. Merci nach eng Kéier, dass De déi gestallt hues, well ech mengen, dass dat och wichteg ass, dass mer dat ënnert d'Leit bréngen. Et gëtt Lëtzebuergeser Gesetz, et gëtt en EU-Gesetz, an déi si ganz kloer: D'Haushaltsclintien a sämtlech Infrastrukture wéi Klinicken, Altersheimer a sou weider si sougenannte „protected consumers“, geschützte Consommateuren. An déi ginn als aller-, allerlescht ofgeschalt. An ech ginn och net dervun aus, dass mer déi jee mussen ofschalten. Déi, déi net geschützt sinn, dat sinn industriell Clientien.

Gutt. An dann, dat ass eng ganz schwéier Diskussioun, hu mir natierlech eng Lëscht, wéi ee misst ofspären. Dat ass déi schwéier Diskussioun. Du sees elo: „Majo, deen dote Liewensmëttelproduzent, deen ass jo da méi wichteg wéi d'Arcelor.“ An da seet d'Arcelor: „Nee, nee, ech sinn awer méi wichteg wéi DuPont oder wéi Cerametal.“ Dat heescht, mir musen oppassen, dass mer net an eng Diskussioun kommen, dass mer 100 Gasbetriber hunn an dann op eemol ufänken ze jugéieren, wie méi wichteg ass. An duerfir waarden ech elo. Mir kréien en Dokument vun der Europäescher Kommissioun, wou mer Guidelines kréien, an da gesi mer besser an da wäerte mer kucken, wéi mer dat am beschte kënne maachen.

An nach ëmmer, wa mer kollektiv alleguerten elo spueren, wa mer kollektiv déi Efforte maachen, och op EU-Niveau – a mir hunn eng gemeinsam Gasplattform, wou mer och elo an d'Welt eraus Gas kafe ginn –, wann dat eis geléngt, wann et eis geléngt, d'Gasspäicherer ze fëllen, da brauche mer net ofzespären. An ech mengen, dorop schaffe mer natierlech hin. Mee dat geléngt eis nëmme, wa mer och Gas spueren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Energieminister.

**Motion**

Fir dëse Punkt ofzeschleissen, mussen mer nach iwwert d'Motioun vun der ADR-Sensibilitéit ofstëmmen. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President, obschonn ech mengen, dass den Här Roth sech vläicht eng Sekonn méi séier gemellt hat.

Mir hunn hei am éischten Tret stoen, dass déi Reduktioun vu 7,5 Cent um Liter den 31. ausleeft. Dat sinn nach ronn fënnf Wochen, do hu mer, mengen ech, nach Zäit, fir wierklech ze kucken, wéi d'Evolution op de Marchéen ass. Dir wësst, dass dat jo eng Reduktioun ass, déi iwwer Règlement grand-ducal beschloss ginn ass an net iwwer e Gesetz, wat mer hei gestëmmt hunn. Dofir géif ech mengen, mir sollten dat doten am A behalen.

Am zweeten Tret steet erëm eng Kéier d'CO<sub>2</sub>-Steier bei der ADR zur Diskussioun. Ech muss soen, bei eis, bei der Demokratescher Partei, an ech mengen, och bei de Kolleegen, hei op dëser Säit op alle Fall, steet

d'CO<sub>2</sub>-Steier net zur Dispositioun, an dofir kënnen mer natierlech mat dësem Tiret net averstane sinn.

Da wëll ech awer och nach eng Kéier drop hiweisen, dass eng ganz Rei Saachen trotzdeem gemaach gi sinn, an et ass virdrun ernimmt ginn, um Niveau vum Gasreseau, um Niveau vum Elektreschen. Ech schwätzen och iwwert de Crédit d'impôt énergie, deen elo geschwéiert waert an d'Spill kommen an dee grad deene Stéit zeguttkënnt, déi et, mengen ech, am meeschte brauchen, soubal wéi déi nächst Indextranche erfält. Et ass awer ëmmerhin esou, datt mer d'lescht Woch zesummen hei mat enger ganz grousser Majoritéit 530 Milliounen Euro an de Grapp geholl hunn, cash an d'Täsch, steierfräi, fir de Leit an dëser schwiereger Zäit ze hëllefen, hir Energiekäschen ze stemmen.

Ech mengen, 530 Milliounen, dat ass jo awer net näischt. Ech erënneren och nach eng Kéier un déi Mesuren, déi geholl gi sinn um Energiedesch, fir grad deene kleng Leit ze hëllefen, d'Allocation de vie chère, déi méi breet opgemaach ginn ass. An natierlech muss mer allegueren zesumme kucken – an de Kolleg André Bauler an ech, mir maachen dat, mir zwee maachen dat all Dag, well mer d'Evolution vum Brent verfollegen –, wéi dat an d'Luucht geet a wéi dat natierlech och Repercussionen op der Pompel huet. An dat kënnen heiansdo minimal Repercussionen si wéi déi, déi mer gëschter matkritt hunn, vun, mengen ech, 4 Cent, nee, 0,4 Cent um Diesel. Dat sinn heiansdo minimal Variatiounen, et kënnen awer och heiansdo méi grouss Variatiounen sinn. Mee ech mengen, d'Aufgab vun der Politik ass am Moment, d'Evolution am Bléck ze halen.

De Klimaschutz muss natierlech weider eng Prioritéit sinn. Do muss mer weider Suen an de Grapp huelen. Do muss mer weider dran investéieren, fir weider méi onofhängeg ze gi vun de fossilen Energien. Dat, mengen ech, ass dee Wee, dee mer müssen allegueren zesumme weidergoen.

Déi Motioun vun der ADR hei dréit deem Wee, dee mir bereet si matzegoen, net Rechnung. An dofir géif ech de Kollege vun der DP-Fraktioun proposéieren, déi Motioun hei net matzedroen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum. Dann huet den Här Gilles Roth d'Wuert gefrot.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Ech kann dat kuerz maachen. Mat der Proposition, fir déi 7,5 Cent um Liter iwwert den 31. Juli weiderzeféieren, do si mir als CSV d'accord. Mir hunn dat och proposéiert.

Den zweete Punkt, d'CO<sub>2</sub>-Steier, do si mir der Meinung, dass een dat ka bis den 31. Dezember dëst Joer maachen, well mer gesot hunn: „à situation exceptionnelle, mesures exceptionnelles.“ Mee doriwwer eraus wëlle mir de Prinzip vun der CO<sub>2</sub>-Steier net opginn.

De superreduzierten TVA-Saz vun 3 % op d'Energieproduiten ze applizéieren geet menger Usicht no net mat dem EU-Recht, duerfir kënnen mer dat net matdroen.

D'Steieren esou unzepassen, dass d'Brennstoffpräisser fir ze tanken zu Lëtzebuerg ëmmer ënnert dem niddregste Wäert vun eisen Nopeschlänner leien, do soe mir: Mir sollen dat net aus den Ae verléieren, dee Verloscht, dee budgetär entsteet, wa mir dauerhaft méi deier Sprittpräisser hu wéi an Däitschland an an der Belsch. A Frankräich, mengen ech, ass et net esou. Ech soen dat ganz kloer. Do kënn Der soen: „Dat do, dat ass Populismus!“ Et ass kee Populismus!

Well da musst Der och soen: Wéi verzichte mer op déi Milliard? Mir sinn eeben esou gestréckt, wéi mer gestréckt sinn. An dat ass elo einfach eng pragmatesch, keng ideologesch Léisung.

Ech kann Iech och soen: Jo, mir sinn och fir d'Aspuere vun CO<sub>2</sub>. Oder als Vollekspartei soe mer: De Budget vun dem Staat, dee muss an dësen Zäiten och do sinn, fir dass en opgeet. An duerfir soen ech dat ganz kloer: Jo, et ass unzestriewen, dass mir dauerhaft méi niddreg Sprittpräisser hu wéi eis Nopeschlänner. Ech soen dat kloer, och wann dat net jiddwerengem gefält. Dat weess ech.

An dann dee leschte Punkt: d'Kilometerpauschal zukünftig automatesch ze indexéieren. Dir wësst, dass mer am Februar proposéiert haten, d'Kilometerpauschal an d'Kilometergeld an d'Luucht ze setzen, well d'Kilometerpauschal, déi ass zënter 1990 net méi an d'Luucht gesat ginn, se ass just eng Kéier an Euro ëmgewandelt ginn. A mir haten deemools ausge-rechent, wann een d'Kilometerpauschal, déi de Moment 99 Euro de Kilometer ass, pro Joer, wann een déi géif indexberengegen, da géif een op 175 Euro kommen. 175 Euro! Dat wier e Steierausfall vun 300 Milliounen wann een dat géif maachen.

Duerfir hate mir proposéiert, dat op 125 Euro pro Kilometer eropzesetzen. Elo sot Der: „Dat ass och nach ze vill!“ Ech erënneren awer nach eng Kéier drun, ech hu fonnt, an ech si jo net ëmmer mat dem Här Keup d'accord, mee en huet eppes gesot, wat mir och virdrun ënnerstrach haten: „D'Lëtzebuerger sinn net déi, déi mat Gilet-jaunen direkt op d'Strooss lafen.“

Mee Dir sidd jo iwwer Nationalfeierdag, iwwerall do, wou Der Selfi geschoss hutt an ech weess net Gott wat, mat ville Leit a Kontakt komm. An dat waren net nëmme Mindestlounbezéier. Et ware Leit, déi duerch d'Bänk méi wéi zwee- oder dräimol de Mindestloun verdéngen. Mee déi Leit, déi keimen och mat de Präisser. Wann déi zwee Kanner hunn ... Ech hunn Iech virdrun d'Beispill gi vun enger Haushaltsversicherung. Déi ass bei eis, bei engem Haus, ëm 400 Euro méi deier wéi d'lescht Joer, an et ass kee Sinister bäikomm. Dat ass eleng doduerch geschitt a geschélt dem Fait, dass duerch d'Kalamitéiten, déi am Juli waren – d'Iwwerschwemmungen –, d'Tariffer ugepasst gi sinn. An dat ass net bei mir eleng de Fall, dat ass bei Iech de Fall an et ass och bei anere Leit esou, déi ech dat gefrot hunn. Dat sinn duerch d'Bänk 15 % bis 16 %.

Dat sinn alles Chifferen, déi op d'Familljen duerkommen. Mir hu jo och de Pak, de Steierpak oder den Energiepak, gestëmmt, de Solidaritéitspak. Deen hu mir matgestëmmt. Mee ech soen awer ganz éierlech, ech hunn Iech dat Beispill ginn, wat eleng de Sprit méi deier ass fir een, deen all Dag 80 Kilometer fiert. An dat ass net een, deen zu Clief wunnt ...

(Interruption par M. Claude Turmes)

Gelif?

(Interruption par M. Claude Turmes)

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Also ...!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Also, Här Turmes, ech wier frou, wann Der eis eng Kéier géift den Duerchschnittsverbrauch vun deem Auto ...

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Ech hunn en do.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo. An ech mengen, Ären Auto, wann en dann net eleng mat Elektresch fiert, ...

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Dee fiert vollelektresch.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, jo. Dir hutt elo nach en anereren, an et sinn aner Ministeren, hunn ech mer soe gelooss, déi hätte souguer zwéin Autoen a si hätte gefrot, fir zu Esch nach Borne gesat ze kréien an hirer Strooss, fir déi kënnen elektresch ze lueden. Bon. Dat ass Är Approche.

Ech sinn der Meinung, dass d'Bornen do si fir jiddwereen an dass net ee privativ déi sollt installéiert kréien. Ech mengen, déi Staatsautoen, déi nach mat dem Bensinn rullen, déi rulle fir méi wéi 8 Liter op 100 km.

Duerfir, mir hunn eng Sympathie, ...

(Interruption)

... mir hunn eng Sympathie, fir d'Kilometerpauschal no uewen unzepassen an och deementspreechend dann ze reindexéieren.

Mee mat deenen zwee Punkten, d'CO<sub>2</sub>-Steier iwwert den 1. Januar 2023 grad wéi den TVA-Saz op 3 % – well dat net geet –, kënnen mer net d'accord sinn. An duerfir, wann d'ADR-Fraktioun dës Motioun zur Ofstëmmung bréngt, da géife mir eis als CSV enthalten, well mer mat dräi vu fënnf Proposen awer averstane sinn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth.

Da kënnen mer elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme, 35 Nee-Stëmme an 21 Abstentionen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen).*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 17.09 heures.)



## Sommaire

| Objet                                                                                         | N°   | Auteur                            | Page | Objet                                                                                                                             | N°   | Auteur                           | Page |
|-----------------------------------------------------------------------------------------------|------|-----------------------------------|------|-----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|----------------------------------|------|
| Contrats d'intérim                                                                            | 6450 | Sven Clement, Marc Goergen        | 78   | Application de la loi relative à la protection des animaux                                                                        | 6580 | Chantal Gary                     | 89   |
| Nouvelle loi agricole                                                                         | 6467 | Martine Hansen                    | 79   | Offres d'emploi de l'Administration des ponts et chaussées                                                                        | 6584 | Jeff Engelen                     | 89   |
| Électromobilité                                                                               | 6522 | Sven Clement, Marc Goergen        | 80   | État unitaire en Europe                                                                                                           | 6585 | Fernand Kartheiser               | 89   |
| Parité euro et US dollar                                                                      | 6523 | Mars Di Bartolomeo                | 81   | Conflits d'intérêts des juges de la Cour européenne des droits de l'homme                                                         | 6586 | Fernand Kartheiser, Roy Reding   | 90   |
| Reconnaissance des diplômes de pays tiers des professionnels de santé                         | 6525 | Carole Hartmann                   | 81   | Application de la loi relative à la protection des animaux                                                                        | 6593 | Fernand Kartheiser, Jeff Engelen | 90   |
| Délai de dépôt de la déclaration de TVA                                                       | 6540 | Gilles Roth, Laurent Mosar        | 82   | Élèves sans-papiers                                                                                                               | 6595 | Fred Keup                        | 91   |
| Pénurie de logements locatifs sociaux                                                         | 6543 | Mars Di Bartolomeo, Yves Cruchten | 82   | Attachés de presse du Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable                                         | 6597 | Roy Reding                       | 91   |
| Évolution du nombre de contrats de prêts                                                      | 6545 | Mars Di Bartolomeo                | 82   | Travaux routiers sur la N7 à Bissen                                                                                               | 6598 | Claude Lamberty                  | 91   |
| Transports d'animaux                                                                          | 6547 | Marc Goergen                      | 83   | Installation de centrales photovoltaïques                                                                                         | 6599 | Gilles Roth                      | 92   |
| Évaluation des compétences dans la formation professionnelle                                  | 6549 | Myriam Cecchetti                  | 83   | Plaques d'immatriculation personnalisées                                                                                          | 6603 | Marc Goergen                     | 92   |
| Langues utilisées par les promoteurs publics                                                  | 6551 | Fred Keup                         | 84   | Trafic de plaques d'immatriculation personnalisées                                                                                | 6604 | Marc Goergen                     | 93   |
| Offre vaccinale contre la varicelle du singe                                                  | 6555 | Josée Lorsché, Marc Hansen        | 85   | Ancien régime de numéros de plaques                                                                                               | 6605 | Marc Goergen                     | 94   |
| Politique d'investissement du Fonds de compensation commun au régime général de pension       | 6556 | Paul Galles                       | 85   | Limitation de l'acquisition d'immeubles par des « personnes à l'étranger »                                                        | 6606 | André Bauler                     | 94   |
| „Staark fir d'Liewen – prett fir däi Beruff“                                                  | 6559 | Martine Hansen                    | 85   | Cyberattaque sur le groupe Encevo                                                                                                 | 6607 | Octavie Modert, Marc Spautz      | 95   |
| Apposition de plaques commémoratives sur les monuments nationaux                              | 6561 | Fred Keup                         | 86   | Réduction de la TVA sur les installations photovoltaïques                                                                         | 6608 | Marc Goergen                     | 96   |
| Pénurie de paracétamol                                                                        | 6569 | Claude Wiseler, Martine Hansen    | 86   | Repowering éolien                                                                                                                 | 6609 | Myriam Cecchetti                 | 97   |
| Télétravail des fonctionnaires et employés publics frontaliers                                | 6570 | Paul Galles, Marc Spautz          | 86   | Négociations dans le cadre d'une éventuelle fusion entre la Société européenne des satellites et la compagnie américaine Intelsat | 6612 | Laurent Mosar                    | 97   |
| Financement public des associations œuvrant au respect des droits humains et du droit d'asile | 6572 | Paul Galles                       | 87   | Sanctions contre la Russie                                                                                                        | 6613 | Fernand Kartheiser               | 98   |
| Application de la loi relative à la protection des animaux                                    | 6573 | Gusty Graas, André Bauler         | 88   | Réforme de la politique agricole commune                                                                                          | 6614 | Marc Spautz                      | 98   |
| Augmentation des bénéfices des groupes pétroliers                                             | 6576 | Mars Di Bartolomeo, Cécile Hemmen | 88   | Arrêt de bus « Rouscht-Luxlait » à Bissen                                                                                         | 6615 | Marc Goergen                     | 98   |
|                                                                                               |      |                                   |      | Feux de forêt                                                                                                                     | 6621 | Fernand Kartheiser               | 99   |

**Contrats d'intérim** | Question **6450** (06/07/2022) de **M. Sven Clement** | **M. Marc Goergen** (Piraten)

Op Interimskontrakter gëtt weiderhin a villen Entreprises a Secteuren zeréckgegraff. 2020 hu mir an der parlamentarescher Fro Nr. 4546 dorobber opmierksam gemaach, dass a konkrete Fäll Leit vun den Interimsfirmen Wochekontrakter ugebuede kréien amplaz CDDen oder CDiE, och wann ee Salaré fir déi nämmelecht Funktioun agestellt ginn ass.

Sécherheetsmoossnamen op den Aarbechtsplaze ginn oft net agehalen, wéi een a Gespréicher mat Interimairë matkritt. Esou kréien eng Retsch Interimaire vun hirer Interimsfirma keng Schutzkleedung a keen Aarbechtsgeschier zur Verfügung gestallt.

An enger Äntwert vum Aarbechtsminister op d'parlamentaresch Fro Nr. 1903 ass en Tableau mat der Unzuel u Kontrolle vun Interimsfirmen publizéiert ginn. Bei 53 autoriséierten Interimsfirmen sinn 2019 nëmmen 11 Kontrollen duerchgeföhrt ginn.

An deem Zesammenhang wëllt mir de Ministere fir Aarbecht a Sozialversécherung dës Fro stellen:

1. Wéi vill Interimskontrakter goufen, opgedeelt no Joer, an de Joren 2020 an 2021 ofgeschloss?

2. Wéi vill vun den Interimskontrakter hu jee weils eng Dauer ëmfaasst vu:

- manner wéi 1 Mount;
- 1 bis 2 Méint;
- 2 bis 6 Méint;
- 7 bis 12 Méint;
- méi wéi 12 Méint?

3. Op d'Fro Nr. 4546 huet de Minister am September 2021 geäntwert, dass de Comité permanent du travail et de l'emploi (CPTÉ) mat de Sozialpartner u legislativen Upassungen vun der Interim-Gesetzgebung diskutéiert huet. Huet sech zënter leschem Joer eppes an dësem Dossier geden?

4. Kann de Minister erklären, wéi d'Sécherheetskontrolle bei den Interimsfirmen funktionéieren a wéi séchergestallt gëtt, dass all Interimaire déi néideg Sécherheetskleedung a Geschier kritt?

5. Wéi eng Méiglechkeeten hunn Interimairen, fir hir Rechter anzefuerderen, ouni de Risiko anzegoen,

dass de Patron hiren Interimskontrakt einfach auslaffe léisst?

6. Ënn 2019 huet den Aarbechtsministère eng Circulaire verschéckt un all d'Interimsfirmen.

Kann de Minister preziséieren, wéi d'Unzuel u Kontrolle sech zënterhier, opgeléicht pro Joer, entwéckelt huet?

**Réponse** (29/08/2022) de **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

ad 1. Fir d'Joren 2020 an 2021 goufe folgend Interimskontrakter ofgeschloss:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Am Laf vun de Jore sinn dës Evoluitionen observéiert ginn:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Am Joer 2020 ass et duerch d'Covid-19-Pandemie zu enger Baisse vun 21,1 % vun der Unzuel vun

Interimskontrakter komm. Am Joer 2021 huet sech den Interimsmarché erëm erholl an et koum zu enger Augmentatioun vu 16,9 % vun der Unzuel vun Interimskontrakter.

ad 2. (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Bei der Dauer vum Kontrakt ass d'Verdeelung vun de Pourcentage par rapport zum Total, iwwert d'Jore gekuckt, stabil bliwwen.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 3. Aktuell gëtt et keen neie Moment par rapport zur Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4546 vum September 2021.

ad 4. Am Kader vun der Kontrolle vun den Interimsfirmaen, iwwerpréift d'ITM, ob d'Reegele bezüglech den Aarbechtsbedéngungen an deene vun der Sécherheet an der Gesondheet op der Aarbecht respektéiert ginn.

Laut de Reegelen iwwert den Interim, ass d'Interimsfirma zoustänneg fir d'Bezuele vum Salaire an d'Firma, déi d'Interimsaarbechter benotzt, muss d'Reegele bezüglech den Aarbechtsbedéngungen an deene vun der Sécherheet- a Gesondheet op der Aarbecht respektéieren.

Falls während Kontrolle bei de Firmaen, déi Interimsaarbechter benotzen, festgestallt gëtt, dass den Interimsaarbechter net déi néideg Sécherheetskledung a Geschier zur Verfügung gestallt kritt, gëtt dës Firma vun der ITM opgefuerdert, d'Reegele vun den Aarbechtsbedéngungen an deene vun der Sécherheet a Gesondheet op der Aarbecht ze respektéieren. Am anere Fall risquéiert dës Firma eng Geldstraf oder penal Strofen.

Wann déi éierwäert Deputéiert Informatiounen hunn iwwert Interimsfirmaen, déi d'Gesetzgebung net respektéieren, esou biede mir si, dës Informatiounen un d'ITM weiderzeleeden, fir dass d'ITM eng Kontroll ka maachen.

ad 5. D'Interimsaarbechter kënnen hir Rechter um Aarbechtsgericht geltend maachen. Si kënnen sech awer och un d'ITM wenden, fir dass eng Kontroll bei hirer Firma gemaach ka ginn. Am Kader vun dëser Kontrolle gëtt d'Firma den Numm vum Interimsaarbechter net gewuer, esou dass dës kee Risiko ageet, wann hien esou eng Plainte mécht.

ad 6. Follgend Kontrolle goufen zanter 2019 bei Interimsfirmaen gemaach:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

### Nouvelle loi agricole | Question 6467 (11/07/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

No der Virstellung vum neien Agrargesetz am Ministère stelle vill Baueren sech Froen iwwert hir Zukunft. Eisen Informatiounen no ass fir dat nächst Agrargesetz virgesinn, kengem Betrib vun iwwer 150 Mëlchlekhéi respektiv fënnf Aken am Véiberäich méi eng Baugeneemegung ze ginn. Och Bähëllef sollen et keng méi ginn.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung stellen:

1. Kann den Här Minister déi genannten Informatiounen confirméieren?

2. Kann den Här Minister déi wëssenschaftlech Basis a Begrënnung vun dësen Mesuren erklären an och beleen?

3. Firwat ass d'Begrenzung op 150 Kéi respektiv op fënnf Aken am Véiberäich festgesat ginn? Erwaart den Här Minister hei net eng Intensifikatioun vun der Produktioun pro Kou bei esou enger Begrenzung?

4. Kann den Här Minister soen, ob een Ennerscheid gemaach gëtt, wa méi Famillje vun engem Betrib respektiv vun der Mëlchproduktioun liewen?

5. Kann den Här Minister weider confirméieren, datt Strofe virgesi si fir Betriber iwwer fënnf Aken, déi no 2023 méi Véi hale wéi déi Jore virduen?

6. Firwat gëtt net alternativ d'Betribsentwécklung iwwert een objektive betribsspezifesch Monitoring zum Beispill a Saache Fudderautonomie gekuckt?

7. Kann den Här Minister eis och matdeelen, wéi a wéini hie gedenkt, d'Lëtzebuerger Landwirtschaft iwwer déi uewe genannten Aschränkungen ze informéieren?

8. Kennt den Här Minister soss nach Secteuren an der Wirtschaft, wou de Betribswuesstem gestoppt gëtt vun enger Gréisst vu fënnf Aken?

**Réponse (30/08/2022) de M. Claude Haagen,** Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

Déi honorabel Madamm Deputéiert mécht an der Introductioun vun hire Froen Referenz op dat neit Agrargesetz. Als éischt ass dozou ze soen, dass ech de betreffende Projet de loi den 2. August 2022 an der Chamber deposéiert hunn. Ech ginn dovunner aus, dass déi honorabel Deputéiert bei hire Froen d'Artikelen 6 a 7 aus dësem Projet de loi viséiert. Zum bessere Verständnes hei déi besoten Artikelen mat de respektive Kommentaren zu deenen Artikelen, déi dem Projet de loi bäigefüügt sinn.

Art. 6. (1) Sont soumises à autorisation préalable du ministre :

1° l'augmentation du cheptel d'une exploitation agricole, lorsque la moyenne du nombre d'unités de travail annuel se rapportant à la production animale de l'exploitation des années 2020, 2021 et 2022 est supérieure à deux ;

2° la création d'une exploitation agricole, lorsque le cheptel qu'il est envisagé de détenir correspond à un nombre d'unités de travail annuel se rapportant à la production animale de l'exploitation supérieur à deux.

L'autorisation peut être refusée si les engagements de réduction des émissions d'ammoniac arrêtés à l'annexe II, tableau B, colonnes 1 et 2 de la directive (UE) 2016/2284 du Parlement européen et du Conseil du 14 décembre 2016 concernant la réduction des émissions nationales de certains polluants atmosphériques ne sont pas atteints.

(2) Aucune autorisation n'est accordée lorsque le nombre d'unités de travail annuel se rapportant à la production animale de l'exploitation est supérieur à cinq ou lorsque l'opération a pour effet de porter le nombre d'unités de travail annuel se rapportant à la production animale de l'exploitation à un nombre supérieur à cinq.

Art. 7. Lorsqu'il constate qu'un exploitant se trouve en infraction à l'article 6, le ministre met celui-ci en demeure de régulariser sa situation. Si, à l'expiration du délai imparti, l'exploitation se poursuit dans des conditions irrégulières, le ministre prononce à l'encontre de l'exploitant une sanction pécuniaire correspondant à 20.000 euros par unité de travail annuel se rapportant à la production animale dépassant le nombre autorisé. La sanction peut être reconduite annuellement aussi longtemps que l'intéressé n'a pas régularisé sa situation.

ad article 6

Le Luxembourg a souscrit à des cibles nationales de réduction d'émissions des polluants de l'air ainsi que des gaz à effet de serre.

L'article a la prétention de participer à la mise en œuvre du programme national de lutte contre la pollution atmosphérique.

Le cheptel animal ayant été identifié comme la principale source des émissions d'ammoniac du secteur agricole, le ministère a l'intention d'éviter un accroissement outre-mesure du cheptel animal. Ainsi, outre les aides mises à disposition pour l'engagement volontaire du secteur agricole visant une réduction des émissions d'ammoniac, le ministère désire compléter cette approche par les conditions définies dans l'article 3 :

– de soumettre à autorisation préalable du ministre toute augmentation de cheptel qui a pour effet de porter la production animale sur l'exploitation à plus de deux unités de travail annuel ; et

– de refuser une autorisation concernant une augmentation de cheptel qui a pour effet de porter la production animale sur l'exploitation à plus de cinq unités de travail annuel.

En outre de la réduction des émissions d'ammoniac, cette approche est présumée avoir aussi un effet positif quant à la réduction des émissions des gaz à effet de serre émanant du secteur agricole telle que détaillée au plan national intégré en matière d'énergie et de climat qui vise une diminution de 55 % des émissions nationales de gaz à effet de serre d'ici 2030.

Par analogie aux investissements en biens immeubles pour lesquels des limitations aux aides publiques sont fixées par rapport aux unités de travail annuel, l'article a également pour but de limiter la production animale par référence aux unités de travail annuel se rapportant à la production animale. L'unité de travail annuel calculée correspond à la prestation, mesurée en temps de travail d'une personne exerçant à temps plein une activité agricole dans une exploitation pendant une année. Ainsi le nombre d'unités de travail annuel se rapportant à la production animale est fonction du nombre de bétail présent sur l'exploitation pendant l'année en cause.

ad article 7

Cet article fixe les sanctions en cas de dépassement non autorisé du cheptel, soit :

Le fait, pour un exploitant, sans y avoir été autorisé, d'augmenter le cheptel d'une exploitation existante, d'augmenter le cheptel de l'exploitation de manière à ce que le nombre d'unités de travail se rapportant à la production animale soit supérieur à deux.

Le fait, pour un exploitant d'une exploitation nouvellement créée, sans y avoir été autorisé, de détenir un cheptel correspondant à un nombre d'unités de travail se rapportant à la production animale supérieur à deux.

Le fait, pour un exploitant d'une exploitation existante, d'augmenter le cheptel de l'exploitation de manière à ce que le nombre d'unités de travail se rapportant à la production animale soit supérieur à cinq.

Avant l'application de toute sanction pécuniaire, l'intéressé est mis en demeure de réduire le cheptel. S'il obtempère, il n'a pas à subir d'autres conséquences. Si l'exploitant n'obtempère pas, une sanction pécuniaire est prononcée dont le montant est fonction du dépassement du nombre d'unités de travail se rapportant à la production animale. Il s'agit d'une sanction strictement proportionnelle qui, lorsqu'elle est prononcée pour la première fois, n'est pas soumise à un pouvoir discrétionnaire du ministre, de sorte que le ministre est



tenu de la prononcer dès l'expiration du délai imparti à l'intéressé pour régulariser sa situation. La sanction est reconduite annuellement aussi longtemps que l'irrégularité persiste.

ad 1. De Landwirtschaftsminister ass net zoustänneg fir Baugeneemegungen an et ass och net virgesinn, iwwert dëst neit Gesetz hei Zoustännegkeeten ze kréien. Deemno ass dës Informatioun net richtig. Och ass et net richtig, dass et keng Bähilëlle méi soll ginn.

Richtig ass, dass virgesinn ass, dass ënnert gewësse Bedingungen de Minister eng Véibestandsaugmentatioun refuséiere kann an iwwert fënnef Aken am Véiberäich keng diesbezüglich Autorisatioun méiglech ass.

Betreffend Bähilëlle gesäit den Artikel 21 aus dem Projet de loi fir, dass eng Véibestandsaugmentatioun iwwert fënnef AK am Véiberäich net eligibel fir Bähilëlle ass.

ad 2. Lëtzebuerg huet sech zu ganz ambitiësen Zäregas- a Loftschadstoffreduktiounen engagéiert. Bei de Loftschadstoffen ass d'Landwirtschaft notament fir d'Ammoniakemissiounen verantwortlech, wou dës Ziler de Moment net erreecht ginn. Au contraire ass fir déi lescht Jore souguer eng Augmentatioun festgestallt ginn am Verglach zu 2005, wat d'Referenzjoer ass. Experte sinn sech eens, dass dës Ziler just erreecht kënnen ginn, wann, nieft anere Mesuren, och de Véibestand zu Lëtzebuerg stabiliséiert, oder besser, reduzéiert gëtt. Dofir gëtt mat dëser Mesure notament proposéiert, eng iewesch Bestandsgrenz anzeféieren, fir eng weider Bestandserweiderung, virun allem bei deene méi grouse Betriber, anze-grenzen a soumat virun allem dem Familljebetrieb eng Zukunft ze garantéieren.

ad 3. Déi fënnef Ake bezéien sech op dee ganze Véibestand vum Betrieb a kënnen deemno an der Reegel net eleng iwwert d'Kouzuul vum Betrieb definéiert ginn, well och déi aner Notzéiere mat an d'Berechnung mat aflëssen. Nieft der Stabiliséierung respektiv der Reduzéierung vum Véibestand fir d'Emissiounsziler ze erreechen, ass ee weider Zil, dass zu Lëtzebuerg sou vill wéi méiglech Familljebetriber haaptberufflech an dësem Secteur rentabel an zukunftsfaeg kënnen weider bestoen. Des Weideren ass déi Grenz op fënnef Ake festgesat ginn, fir eng Kohärenz mat den Investitiounsbähilëlle ze hunn, well och hei virgesinn ass, fir keng Investitiounsbähilëlle méi fir Bestandserweiderungen ze bezuelen, déi iwwert fënnef theoretesch Ake fir Déiereproduktioun erausginn.

Effektiv ass et awer och esou, dass, fir déi national Emissiounsinventairen, ob elo Loftschadstoffe, notament den Ammoniak, oder Zäregasen ze berechnen, och déi national durchschnëttlech Mëllechleeschung pro Kou berécksiichtegt gëtt. Dës Berechnung gëtt net um Niveau vum eenzele Betrieb gemaach, mee gëtt um nationalen Niveau gerechent.

ad 4. Sou wéi dat elo schonn de Fall ass, gëtt de Betrieb op Basis vu senger Betriebsnummer an domadder onofhängeg, ob et eng physisch oder legal Persoun ass, déi de Betrieb leet, als eng Unitéit ugesinn. Deemno ass proposéiert, dass keen Ennerscheid gemaach gëtt, ob eng oder méi Famillje vum Betrieb liewen.

ad 5. Entsprechend dem Artikel 7 ass eng Geldstrof proposéiert.

ad 6. Ee vun den Haaptfacteuren, deen d'Emissiounen bestëmmt, ass d'Unzuel vun de Béischten. Dësen Indicateur ass aktuell schonns administrativ erfaasst, einfach ze suivéieren an ze kontrolléieren.

D'Fudderautonomie ass sécherlech eng interessant Approche, mee vill méi schwéier ze berechnen

a belaauschtbar ze kontrolléieren. Doriwwer eraus ass keen administrative System en place, fir d'Fudderautonomie fir all d'Betriber ze berechnen an ze kontrolléieren. Natierlech ass och de Landwirtschaftsminister beméit, d'Fudderautonomie an de Betriber ze verbesseren, dat soll notament um Niveau vun der Berodung geschéien a mat Ennerstëtzung duerch Agrarëmweltmoossnamen.

Et bleift ze präziséieren, dass bewosst keen Indicateur gewielt ginn ass, deen un d'Verfügbareheet vu Land gebonnen ass. Et soll evitéiert ginn, fir déi elo schonn ugespaante Situatioun beim Landpräis, sief et beim Kaf oder bei der Pacht, weider ze verschäerfen a sou de Strukturwandel weider ze forcéieren.

ad 7. De Projet de loi ass an der Chamber deposéiert ginn an et ass lo un der Chamber, dëst Gesetz ze analyséieren, eventuell ze amendéieren an ze stëmmen. Dono kann een dem Secteur réischt verbindlech Informatiounen betreffend dëst Gesetz zoukomme loosser.

ad 8. Den Indicateur vun der theoretescher Aarbechtskraaft ass geholl ginn, well dës Berechnungssystem schonn aktuell bei Erstellung vum betribsspezifischen Investitiounspflang ugewannt gëtt, an deemno keng nei administrativ Prozedur fir d'Berechnung vum Déierebestand, ëm deen et hei schlussendlech geet, ageféiert muss ginn.

An dem proposéierte Gesetzesartikel geet et deemno just ëm eng Limitatioun vun der Entwécklung vum Déierebestand, an dëst fir notament déi national Ziler bei den Ammoniakemissiounen an den Zäregasen ze erreechen. Net viséiert sinn deemno Produktionssecteuren wéi zum Beispill de Kärebau oder de Geméis-, Uebst- a Wäibau. Och zum Beispill eng Weiderveraarbechtung vun der primärer Produktioun oder eng Diversifikatioun an anere Beräicher sinn hei net viséiert. Deemno gëtt hei net de Betriebswuesstem vun enger Gréisst vu fënnef Aken u gestoppt, mee de maximale pro Betrieb zoulässegen Déierebestand gereegelt.

.....  
**Electromobilité | Question 6522 (21/07/2022) de M. Sven Clement | M. Marc Goergen (Piraten)**

Den deemolegen an aktuelle Mobilitéitsminister hat an engem Interview vum 16. September 2017 am „Tagblatt“ ugekënnegt, dass bis d'Joer 2020 insgesamt 40.000 Elektroautoen op eise Stroosse rulle sollen. An der parlamentarescher Fro N° 1248 huet den aktuelle Mobilitéitsminister awer erklärt, dass dat Zil vu 40.000 Elektroautoen zu Lëtzebuerg bis Enn 2020 net erreecht géif ginn, woumadder e sollt Recht behalen. Stand haut si mer hei am Land bei ronn 13.000 rengen Elektroautoen bei engem Gesamtfuerpark vu ronn 600.000 Autoen (data.public.lu). Dat sinn 2 %.

Dat neit erkläertent Zil vum Minister soll et sinn, dass bis 2030 d'Hallschent (50 %) vum nationale Fuerpark Elektroautoen sinn. Dat wieren, op d'Zuele vun haut gekuckt, ronn 300.000 E-Autoen. Dat setzt viraus, dass mer hei am Land och genuch Kapazitéiten hunn, fir dës Autoen opzelueden – an dat doheem wéi och am öffentliche Raum. De Minister sot an engem Interview mam Lëtzebuerg Land vum 21. Januar 2022: „Die meisten Menschen werden ihr Auto aber eh zuhause aufladen.“

Verschidden Haushälter bekloen awer elo schonn, dass si nëmme beschränkt Luedstatiounen bei sech doheem installéieren kënnen, well d'Leeschung um Netz et net hiérgëtt. Esou krute Persounen keng Luedstatioun bei sech doheem installéiert, well net genuch Kapazitéiten am Netz waren. D'Installatioun vun enger Luedstatioun géif mat sech bréngen, dass am

Haus oder bei den Nopere kee Stroum do wier, dee Moment, wou den Auto géif un der Prise hänken.

An deem Zesummenhang wéilt mir de Ministere fir Mobilitéit an Energie dës Froe stellen:

1. Wéi vill Elektroautoe goufen zënter 2017, opgelëscht pro Joer, hei am Land immatrikuléiert? Wat ass de relativen Undeel par rapport zur Gesamtzuel un Nei-Immatrikulatiounen?

2. Wéi vill öffentliche Luedstatiounen gëtt et aktuell hei am Land?

Wéi verdeelen sech dës Luedstatiounen op déi verschidde Kantonen?

Wéi verdeelen sech dës Luedstatiounen op déi verschidde Gemengen?

3. A wéi ville Fäll krut ee Proprietär an deene leschten dräi Joer refuséiert, eng Luedstatioun (opgeschlëselt pro Joer no privat an öffentlich) ze installéieren a wat waren d'Grënn vum Refus?

4. Wéi gesäit de Plang vun der Regierung aus, fir dass bis 2030 déi 300.000 Elektroautoe kënnen doheem opgeluede ginn, onofhängeg dovunner, wéi d'Netzeleeschung ausgesäit?

**Réponse (08/09/2022) de M. François Bausch, Ministere de la Mobilité et des Travaux publics | M. Claude Turmes, Ministere de l'Énergie**

Déi honorabel Deputéierte froe Präzisatiounen iwwert d'Ziler vun der Regierung a puncto Elektroautoen a Luedpunkten.

Am integréierte Klima- an Energieplang (PNEC) huet d'Regierung 2020 d'Zil herausginn, fir dass bis um Enn vum Joer 2030 49 % vun den Autoen am Lëtzebuurger Fuerpark Elektroautoe sinn. Bei momentan ongeféier 448.000 ugemellten Autoen (Kategorie M1, source: data.public.lu) géifen dat ca. 220.000 Elektroautoe bedeiten. Wichteg ass heibäi ze präziséieren, dass nient de rengen 100 %-Elektroautoen och déi sougenannte Plug-In-Hybride vun der Regierung an och der Europäescher Kommissioun als Elektroauto ugesi ginn. Esou definéiert d'Direktiv 2014/94/UE vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 22. Oktober 2014 iwwert den Ausbau vun enger Infrastruktur fir alternativ Kraaftstoffe een Elektroauto follgendermoossen:

« „véhicule électrique“, un véhicule à moteur équipé d'un système de propulsion comprenant au moins un convertisseur d'énergie sous la forme d'un moteur électrique non périphérique équipé d'un système de stockage de l'énergie électrique rechargeable à partir d'une source extérieure ; ».

Well doduerch och Plug-in-Hybride ënnert dës Definitioun vun Elektroauto falen, ginn dës Gefierer vun der Regierung och ëmmer mat als Elektroauto gezielt a gi bei der Berechnung vum Flottenundeel vun Elektroautoen am nationale Fuerpark och mat consideréiert.

Enn Juli 2022 waren 22.521 Elektroautoen zu Lëtzebuerg ugemellt an dovunner waren 11.720 reng elektresch ugedriwwen an 10.801 ware Plug-In-Hybriden. Am Ganze mécht dat llicht méi wéi 5 % vun all den Autoen aus.

ad 1. Den Tableau heidrënner lëscht pro Joer d'Unzuel vun Elektroautoen op, déi säit 2017 zu Lëtzebuerg nei immatrikuléiert goufen, a wéi vill Prozent dat vun all den Neiimmatrikulatiounen uitgemaach huet.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 2. Aktuell gëtt et am ganze Land 1.344 öffentliche zougänglech Luedpunkten, ergo Parkplazen, déi équipéiert sinn, fir een Elektroauto ze lueden, am „Charge“-Réseau. Heibäi handelt et sech op där enger Säit

ëm déi geplangten „Chargy“- a „SuperChargy“-Luedstationen, esou wéi et am Règlement ministériel du 22 septembre 2020 fixant un plan d'implantation général pour l'infrastructure publique liée à la mobilité électrique festgehalen gouf. Zousätzlech derzou kommen nach „ChargyOK“- a „SuperChargyOK“-Luedstationen vun de Gemengen oder private Acteuren.

Den Tableau ënnendréiner lescht pro Kanton a Gemeng, déi aktuell Zuel an „Chargy“-Luedpunkten op.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Des Weidere gëtt et och nach ëffentlech zougänglech Luedpunkte vun Acteuren, déi net an den „Chargy“-Réseau integréiert sinn.

ad 3. Op Nofro hunn d'Netzbetreiber eis matgedeelt, dass si am Prinzip keng Demande mat engem Refus beäntweren. Dës bedeit awer net, dass all Client déi Leeschtung kréie kann, déi en ufreet. An deene Fäll, wou entweder déi ugefrote Leeschtung onverhältnisméisseg héich ass, oder se aktuell technesch net zur Verfügung gestallt ka ginn, kritt de Client en Accord fir eng reduziéiert Leeschtung. Dës reduziéiert Leeschtung erlaabt et awer an der Reegel, mat engem intelligente Luedmanagement Borne ze installéieren. Den Netzbetreiber initiéiert da wann néideg e Projet, fir d'Netz respektiv den Umschluss ze verstärken, fir dass an Zukunft awer déi adequat Gesamtleeschtung kann zur Verfügung gestallt ginn.

ad 4. D'Regierung fërdert d'Installatioun vu Luedstationen aktiv an huet schonn 2020 en Aideregim fir d'Installatioun vu Borne am private Beräich agefouert. Hei kënnen Privatleit eng Aide vu bis zu 50 % vun de Käschten, déi se mat der Installatioun vun enger Borne hunn, kréien, mat engem Maximum, dee jee no Intelligenz vun der Borne tëscht 750 an 1.650 Euro läit.

Och wann dës Regim gutt ugeholl gëtt, ass sech d'Regierung bewosst, dass ee beim Equipement vu Residenz mat Borne aktuell nach op verschidde Schwierigkeiten trëfft, souwuel wat d'Akzeptanz vun esou Projeten ënnert de Copropriétaires ugeet, wéi och wat hire Finanzement ugeet.

Fir Projete fir d'Borne a Copropriétés ze facilitéieren, ass d'Copropriétégesetz rezent an dem Sënn ugepasst ginn, dass Infrastrukturarbechten, déi d'Installatioun vun technesche Gainen, zum Beispill fir d'Installatioun vu Borne, virbereeden, just nach eng einfach Majoritéit brauchen. Wat de finanzielle Volet ugeet, plangt d'Regierung, den Aideregim am Hierscht ze iwwerschaafen, notament fir den Equipement vu Residenzen nach méi interessant ze maachen.

Zousätzlech zu den Efforten, fir Luedinfrastruktur am private Beräich ze ënnerstëtzen, ass am Juli och en Aideregim fir Entrepreneuren a Kraaft getrueden, fir Luedinfrastruktur ze installéieren. Hei gi souwuel ëffentlech accessibel wéi och privat Infrastrukture vun Entrepreneuren (z. B. fir dass d'Mataarbechter op der Aarbecht kënnen lueden) gefërdert. Dës Infrastruktur wäert zum Deel komplementär zu der Infrastruktur doheim sinn.

**Parité euro et US dollar** | Question 6523 (21/07/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

Depuis mardi, 12 juillet, l'euro et le dollar s'échangent à un pour un, respectivement à parité, ceci suite à l'affaiblissement substantiel de la monnaie européenne. Si l'euro a déjà perdu du terrain depuis le printemps 2021, la tendance s'est accentuée depuis l'invasion en Ukraine, et a perdu 12 % par rapport au dollar depuis février, atteignant son niveau le plus bas depuis 20 ans.

– J'aimerais dès lors savoir de Madame la Ministre des Finances quelles sont les raisons principales de l'affaiblissement de notre monnaie.

– Quelles sont les réactions des autorités monétaires tant européennes que nationales face à cette évolution ?

– Quelles sont les conséquences tant positives que négatives d'un euro faible par rapport au dollar pour les consommateurs, les entreprises et les économies européennes respectivement luxembourgeoise ?

– Quelles sont les conséquences pour notre facture énergétique ?

**Réponse** (30/08/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

L'honorable Député s'enquiert dans sa question parlementaire sur l'évolution récente du cours de l'euro par rapport au dollar.

L'affaiblissement de l'euro s'explique par plusieurs facteurs dont principalement la dégradation du contexte macroéconomique en Europe, une inflation qui s'accroît, d'abord à cause de problèmes d'approvisionnement, et puis à cause de l'agression militaire de l'Ukraine par la Russie et de la flambée des prix de l'énergie qui en découle. La divergence des politiques monétaires aux États-Unis et en Europe, qui sont mises en œuvre de manière indépendante par les banques centrales respectives et au sujet desquelles il n'appartient pas au Gouvernement de s'exprimer, contribue également à l'évolution observée du taux de change.

De manière générale, un euro plus faible par rapport au dollar a un impact direct pour les économies qui importent des services et produits qui sont facturés en dollars. Pour les économies exportatrices, la baisse de l'euro peut toutefois également entraîner des conséquences positives en ce qu'elle peut rendre les produits européens moins chers sur les marchés internationaux. Partant, l'effet pour le consommateur final n'est pas aisément mesurable dans l'absolu.

En ce qui concerne les produits énergétiques, et dès lors qu'une grande partie de ces produits est échangée en dollar sur des marchés internationaux (notamment les produits pétroliers et une partie du gaz naturel importé en Europe), ils subissent les mêmes effets que ceux décrits ci-dessus, c'est-à-dire qu'ils se renchérissent proportionnellement à la dépréciation de l'euro face au dollar. Il convient dans ce contexte de préciser clairement que la flambée des prix de l'énergie, et surtout du gaz naturel et indirectement aussi de l'électricité, n'est pas uniquement à attribuer à l'évolution du cours de l'euro par rapport au dollar, mais surtout à la réduction drastique des importations de gaz russe vers l'Europe depuis l'agression russe de l'Ukraine, provoquant ainsi un déséquilibre entre l'offre et la demande de gaz en Europe.

**Reconnaissance des diplômes de pays tiers des professionnels de santé** | Question 6525 (22/07/2022) de **Mme Carole Hartmann** (DP)

Avant de pouvoir exercer leur métier au Luxembourg, les médecins détenant un diplôme d'un pays tiers à l'UE, doivent d'abord obtenir une reconnaissance préalable de leurs titres de formations dans un autre État membre de l'UE.

Or, il me revient que nos pays voisins ne reconnaissent pas les diplômes d'un pays tiers seulement sous condition que les titulaires disposent au moins d'un contrat à durée déterminée dans ce pays. Ainsi, il est

très difficile pour les médecins bénéficiant d'une protection internationale d'exercer leur métier et d'aider à soulager la pénurie en professionnels de santé au Luxembourg.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

– Madame la Ministre peut-elle confirmer les faits relatés ci-dessus ?

– De quelle manière Madame la Ministre entend-elle faciliter l'accès au marché du travail pour les médecins et autres professionnels de santé bénéficiant d'une protection internationale ?

– Madame la Ministre est-elle d'avis qu'il serait opportun de créer une procédure pour reconnaître directement les titres de formations d'un pays tiers, sans que ceux-ci doivent être reconnus par un autre État membre ?

**Réponse** (30/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

De la lecture combinée des articles 10 et 23, paragraphe 8, de la loi modifiée du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles découle effectivement l'obligation pour les détenteurs de diplômes de médecine obtenus dans un État non membre de l'Union européenne d'obtenir préalablement une reconnaissance de leur diplôme dans un autre État membre, conférant également à l'intéressé le droit d'exercer dans cet État membre, en vue de pouvoir demander une autorisation d'exercer auprès du Ministère de la Santé.

Cette obligation vaut pour la quasi-totalité des spécialités médicales reconnues au Luxembourg en vertu du règlement grand-ducal modifié du 10 juillet 2011 fixant la liste des spécialités en médecine et médecine dentaire reconnues au Luxembourg, et s'explique par le fait que pour ces spécialités aucun programme de formation n'est offert au Luxembourg.

Or, en l'absence d'un tel programme d'études « de référence » fixé par voie législative, il n'est pas possible d'opérer une comparaison des profils professionnels résultant d'un côté de la réglementation de la spécialité au Luxembourg et de l'autre côté des qualifications professionnelles du demandeur.

Il va sans dire qu'en vertu du principe de précaution et de la protection du futur patient, seuls des médecins adéquatement formés peuvent intégrer le secteur des soins, et que ces garanties ne sauraient être données en l'absence de procédure de reconnaissance en bonne et due forme reposant sur des critères clairs et précis en termes d'acquis d'apprentissage nécessaires pour exercer cette spécialité au Luxembourg.

Voilà pourquoi il avait été décidé moyennant l'article 23, paragraphe 8 précité, de « reconnaître » les décisions de reconnaissance obtenues dans un autre État membre dans lequel cette spécialité est enseignée et où il a été assuré, moyennant cette reconnaissance par un autre État membre, que les qualifications professionnelles obtenues dans des pays tiers répondent aux critères de la directive 2005/36/CE relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles.

Ceci explique d'ailleurs pourquoi avec l'entrée en vigueur de la loi du 31 juillet 2020 portant organisation d'études spécialisées en médecine à l'Université du Luxembourg, et la mise en place concomitante des formations en neurologie, oncologie médicale et médecine générale auprès de l'Université du Luxembourg, la loi modifiée du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles a été modifiée afin de permettre dès à présent au Ministère de



l'Enseignement supérieur et de la Recherche de mettre en œuvre une procédure tendant à la reconnaissance de qualifications professionnelles obtenues dans un État non membre de l'Union européenne en vue de l'accès à la profession de médecin dans ces trois spécialités.

Considérant ce qui précède, une extension de la procédure de reconnaissance de diplômes de médecine obtenus dans un État non membre de l'Union européenne à d'autres spécialités présuppose la réglementation préalable des études de ces spécialités par voie législative, à l'instar de la démarche entreprise moyennant la loi du 31 juillet 2020 portant organisation d'études spécialisées en médecine à l'Université du Luxembourg, ainsi que le lancement concomitant d'une telle formation auprès de l'Université du Luxembourg. Le Ministère de la Santé et le Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche ont eu des échanges avec l'Université du Luxembourg afin d'organiser de nouvelles formations de spécialisation en médecine au Luxembourg.

**Délai de dépôt de la déclaration de TVA | Question 6540 (25/07/2022) de M. Gilles Roth | M. Laurent Mosar (CSV)**

Bis viru Kuerzem war de leschten Delai, fir d'Deklaratioun vun der TVA ze deposéieren de 15. vum Mount. Konkreet huet dat bedeit, datt d'Deklaratioun vum 1. Trimester huet misse bis spéitstens de 15. Juni do-banne sinn.

Eisen Informatiounen no wier dësen Delai elo ëm een Dag virgezu ginn, ouni datt dëse Changement am Virfeld explizitt kommunizéiert gouf. Konkreet bedeit dat, datt vill Entreprises hir Deklaratioun weiderhin, esou wéi si dat an der Vergaangenheet gemaach hunn, op de 15. Juni deposéiert hunn. Well den Depot laut der neier Reegelung awer een Dag ze spéit gemaach gouf, mussen eng Partie Betriber elo eng Amende bezuelen. Generell soll d'Steierverwaltung eisen Informatiounen no an de leschten Deeg ganz vill Amenden am Zesummenhang mat der TVA verschéckt hunn.

Dofir wéilt mir an deem Kontext folgend Froen un d'Madamm Finanzministesch stellen:

– Kënn Dir bestätegen, datt den Delai fir den Depot vun der TVA-Deklaratioun ëm een Dag verréckelt gouf?

• Wa jo, wéini a wat sinn d'Grënn fir dëse Changement?

• Wa jo, sinn d'Betriber am Virfeld iwwert dëse Changement informéiert ginn?

– Envisagéiert d'Regierung, de betraffene Betriber d'Amende ze erloossen?

– Wéi vill Entreprises, opgeschlëselt no der Gréisst vum Betrib, kruten an de Joren 2020, 2021 an 2022 jeeweils am Zesummenhang mat der Deklaratioun vun der TVA eng Amende?

**Réponse (05/09/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances**

D'Delaie fir den Depot vun der TVA-Deklaratioun ginn am TVA's-Gesetz vun 1979 festgeluecht a sinn, anescht wéi déi honorabel Deputéiert behaapten, net verréckelt ginn.

D'Gesetz gesäit am Artikel 64 Paragraph 6 vir, dass déi mensuell Deklaratioun „virum“ 15. Dag vum Mount drop agereecht muss ginn (« Elle doit être déposée avant le 15<sup>e</sup> jour du mois qui suit la période imposable »). Dat selwecht gëllt och fir déi trimester- iell Deklaratioun. Vum Gesetz hir muss deemno all

TVA-flichtig Entreprise hir mensuell oder trimester- iell Deklaratioun de 14. Dag vum folgende Mount ofginn hunn.

Des Weidere kréien d'Entreprises ongeféier ee Mount virum Delai een Avertissement zougeschéckt, an deem de lescht méiglechen Datum fixéiert ass, op deem d'Deklaratioun muss deposéiert sinn. Dës Avertissementer renschéieren och iwwert déi méigle- ch Konsequenzen, falls d'Deklaratioun net zum besoten Datum deposéiert gouf. Am Fall vum Mount Mäerz respektiv éischten Trimester 2022 war de lescht méig- lechen Datum de 14. Juni 2022. An deene Méint, wou de Stéchdatum vum 14. Dag op ee Weekend oder Feierdag fält, gëtt dësen op den nächste Schaffdag verréckelt.

Aus Grënn vun der Gläichbehandlung vun alle Retar- datairen, och déi, déi nëmmen een Dag ze spéit sinn, ass rezent eng Upassung vum informatesche System, iwwert deen d'Gestioun vun den Amendé leeft, ge- maach ginn, an dowéinst sinn automatesch Amenden un all Steierflichtig geschéckt ginn, déi hir Deklara- tioun net bis de 14. Juni ofginn haten.

An dësem Kontext sief awer drop higewisen, datt eng grouss Majoritéit vun den Entreprises den Delai vum 14. Juni respektéiert huet: Bei de ronn 41.500 Betri- ber, déi vum dësem Delai betraff waren, hunn der ronn 37.500 hir Deklaratioun mat Zäit agereecht.

Well duerch d'Upassung vum informatesche System awer bei enger Rei Entreprises den Androck vun engem Changement vun der Reegelen a méi generell vun engem Revirement entstanen ass, huet d'Ver- waltung och ausnamsweis d'Amenden am Fall, wou d'Entreprises d'Deklaratioun op de 15. Juni agereecht hunn, nogelooos.

D'Unzuel vun de Betriber, déi Amendé kritt hu wéinst engem Depot vun der TVA-Deklaratiounen ausser- halb vum Delai, respektiv wéinst engem Non-dépôt, sinn a folgendem Tableau opgeschlëselt:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

**Pénurie de logements locatifs sociaux | Question 6543 (25/07/2022) de M. Mars Di Bartolomeo | M. Yves Cruchten (LSAP)**

Il est un fait que nous sommes actuellement confron- tés à une pénurie sévère de logements locatifs sociaux respectivement abordables. Il importe dès lors de veil- ler à ce que ces logements des opérateurs publics (Fonds du logement, SNHBM, communes et autres) soient réservés aux locataires remplissant les critères d'admission.

Il est vrai que les locataires ayant amélioré leur situa- tion financière voient leurs loyers augmentés pour atteindre dans certains cas les loyers sur le marché libre.

– Nous aimerions savoir du Monsieur le Ministre du Logement quelle est l'étendue du phénomène pré- mentionné.

– Comment les bailleurs publics, à part avec des loyers croissants, réagissent-ils à cette situation pour libérer ces logements en faveur de ceux qui en ont le plus be- soin ?

**Réponse (07/09/2022) de M. Henri Kox, Ministre du Logement**

Il est un fait que nous sommes actuellement confron- tés à une pénurie sévère de logements locatifs sociaux respectivement abordables. Il importe dès lors de veil- ler à ce que ces logements des opérateurs publics

(Fonds du logement, SNHBM, communes et autres) soient réservés aux locataires remplissant les critères d'admission.

Il est vrai que des locataires ayant amélioré leur situa- tion financière voient leurs loyers augmentés pour at- teindre dans certains cas les loyers sur le marché libre, sans pour autant être évincés de leur logement. Les promoteurs publics sont tenus à respecter les dispo- sitions du règlement grand-ducal modifié du 16 no- vembre 1998 fixant les mesures d'exécution relatives aux logements locatifs, prévus par la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement. Ainsi, les conditions d'admission de même que les conditions de mise en location, dont le loyer, sont clairement défi- nies.

Or, de fait, le phénomène décrit n'existe que de façon marginale. La moyenne des loyers auprès du Fonds du logement et de la SNHBM qui se situe aux alentours de cinq euros par mètre carré en témoigne. À peine 4 % de ces locataires paient un loyer dépassant dix euros par mètre carré. Des ménages disposant de revenus leur permettant d'accéder aux marchés locatif privé sont encore plus rares.

Il est à rappeler que les loyers des logements subven- tionnés sont adaptés chaque année sur base de la composition du ménage et des revenus perçus du 1<sup>er</sup> janvier au 31 décembre de l'année précédente. Dès lors, une augmentation du loyer peut être temporaire et/ou suivie par une baisse en fonction des revenus perçus et de la situation familiale mise à jour l'année suivante. Ce mécanisme permet que le loyer soit tou- jours adapté par rapport aux capacités financières des ménages.

Les locataires avec un certain revenu sont incités à s'inscrire sur la liste des candidats pour l'acquisition d'un logement abordable.

**Évolution du nombre de contrats de prêts | Ques- tion 6545 (25/07/2022) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**

La Banque nationale de Belgique vient de publier les statistiques les plus récentes sur l'évolution du nombre de contrats de prêts. Ces statistiques montrent une augmentation substantielle notamment des crédits à la consommation aux particuliers.

– J'aimerais dès lors savoir de Madame la Ministre des Finances si notre banque centrale dispose de statis- tiques comparables.

– Quelle est le cas échéant l'évolution du nombre des prêts depuis l'année 2020 et quelles en sont les expli- cations ?

– Quelle est la nature des crédits et quelle est, le cas échéant, la part des prêts à tempérament ?

**Réponse (05/09/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances**

Les derniers chiffres publiés par la Banque centrale du Luxembourg (voir tableau 11.07 « Crédits octroyés par les établissements de crédit aux ménages et ISBLM de la zone euro » [https://www.bcl.lu/fr/statistiques/series\\_statistiques\\_luxembourg/11\\_etablissements\\_credit/index.html](https://www.bcl.lu/fr/statistiques/series_statistiques_luxembourg/11_etablissements_credit/index.html)) renseignent sur les encours de prêts en fin de période jusqu'à fin juin 2022. Le chiffre fourni est ventilé suivant la durée initiale des prêts en question et est agrégé pour tous types de crédits à la consumma- tion.

Il est à constater dans ce contexte que l'encours des crédits à la consommation a diminué d'un pic de 1,884 milliards d'euros en juillet 2020 à 1,720 milliards euros

en juin 2022, soit une baisse de -8,7 %. Sous réserve d'une analyse plus poussée, cette évolution semble indiquer que le pouvoir d'achat des ménages luxembourgeois ait bien été préservé tout au long de la pandémie et, comme le Statec l'a mis en avant dans sa publication « Regards N° 5/2021 – Après la chute, quel potentiel de rebond pour la consommation des ménages ? » de février 2021 (<https://statistiques.public.lu/dam-assets/catalogue-publications/regards/2021/regards-05-21.pdf>), que l'épargne accumulée lors des périodes de confinement ait profité à l'achat de biens durables.

**Transports d'animaux | Question 6547 (25/07/2022)**  
de **M. Marc Goergen** (Piraten)

A menger parlamentarescher Fro N° 3800 hat ech mech iwwert d'Déierentransporter informéiert, déi an de leschte Jore vun oder duerch Lëtzebuerg gefuer sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Landwirtschaft dës Froe stellen:

1. Wéi vill Déierentransporter hu sech 2021 vu Lëtzebuerg aus op de Wee an en anert EU-Land gemaach (opgelëscht no Déierentyp an EU-Land)?  
Wéi vill Déiere goufen insgesamt an d'EU transportéiert?

2. Wéi vill Déierentransporter hunn sech 2021 vu Lëtzebuerg aus op de Wee an d'Net-EU-Ausland gemaach (opgelëscht no Déierentyp)? Wéi vill Déiere goufen insgesamt an Drëttstaaten transportéiert?

3. Wéi vill Export-Transporter goufen 2021 kontrolléiert?

4. Wéi vill Transit-Déierentransporter sinn 2021 duerch Lëtzebuerg gefuer (opgelëscht no Déierentyp)?  
Wéi vill Déiere goufen esou iwwert Lëtzebuerg transportéiert?

5. An der Äntwert op d'Fro N° 3800 hat de Minister geäntwert, dass 0 % vun 51 Transittransporter déi lescht Jore vun 2015 bis 2020 kontrolléiert goufen. An der Äntwert op meng Nofro N° 4101 erkläert de Minister, dass d'Ëmsetzung vun esou Kontrollen zu Lëtzebuerg schwéier realisierbar wier. Goufen am Joer 2021 Transittransporter kontrolléiert? Falls net, wat verhënnert, dass de Ministère der Veterinärsverwaltung, der Police oder der Douane et erlaabt, während den Zäiten, wou Déierentransporter duerch Lëtzebuerg transitéieren, dës punktuell unzehalen a Kontrollen duerchzeféieren, wann d'Veterinärsinspektioun dës Informatioun schonn am Virus besëtzt?

6. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N° 4101 hat de Minister geschriwwen, dass am Joer 2020 der Veterinärsinspektioun keng verletzt oder doudeg Déiere gemellt goufen, déi bannent der EU transportéiert goufen. Ass dat fir 2021 och erëm de Fall?  
Falls jo, leit dat dorunner, dass wierklech keng Verletzungen zoustane koumen oder funktionnéiert de Kontrollsystem net?

7. Grad elo während der Hëtzt kënn et all Joers erëm vir, dass Déierentransporter trotz extreemen Temperaturen duerchgefouert ginn. An Däitschland gouf virun der dänescher Grenz een Transporter gestoppt, an deem Fierkele bei 47 Grad am Schiet transportéiert goufen. An der Äntwert op meng Fro N° 0841 hat de Minister deemools erkläert, dass am Summer keng spezifesch Kontrollen hei duerchgefouert ginn. Ass dat dës Summer och erëm de Fall?

**Réponse (30/08/2022) de M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. an 2. (Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 3. All Déierentransporter, déi vu Lëtzebuerg an en anert EU-Land respektiv an en Drëttland ginn, ginn am départ vun der Veterinärsverwaltung kontrolléiert, déi och déi néideg Zertifikater ausstellt, déi d'Déieren op hirem Transport bis op d'Destinationn begleeden. Et goufen 2021 insgesamt 3.051 Transporter mat 108.542 Déiere kontrolléiert.

ad 4. 2021 ass offiziell een Transport mat 50 Schwäi vun der Belsch duerch Lëtzebuerg an Italien gefuer.

ad 5. D'Veterinärsverwaltung huet net d'Méiglechkeet, fir Gefrierer aus dem Verkéier eraus unzehalen.

D'Douane mécht dës Kontrollen. Allerdéngs kënnen d'Beamte vun der Douane net de gesamte Stroossereseau permanent iwwerwaachen. 2022 huet d'Douane e Camion erausgezunn a kontrolléiert, dee Lëtzebuerg net als Transitland uginn hat.

ad 6. Op kengem eenzegem Déierentransport, deem 2021 vu Lëtzebuerg gestart ass, goufen doudeg oder verletzt Déieren op der Destinationn oder ënnerwee gemellt.

Falls Déieren um Transport stierwe sollten oder verletzt sollte ginn oder iergendeen anere Problem mam Déiereschutz festgestallt gëtt, gëtt dës Fait duerch déi zoustänneg Autoritéiten a destination festgehalten an och der Autorité compétente um Depart matgedeelt. Dës Kontrolle ginn am IMSOC (Information Management System for Official Controls) erfaasst.

ad 7. Am Kader vun der Kontrolle vun den Déierentransporten gëtt och besonnesch op d'Temperature gekuckt am départ, op der Streck wéi och op der Arrivée. Falls d'Temperature klammen, gëtt d'Zuel vun den Déieren um Camion deementspreechend reduzéiert. Bei extreemen Temperature gëtt den Transport ganz ofgesot.

**Évaluation des compétences dans la formation professionnelle | Question 6549 (25/07/2022)**  
de **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk)

Avec les récentes réformes (2019-2020) de la formation professionnelle, de nouvelles compétences ont été introduites, ainsi qu'un système hybride d'évaluation des compétences combinant des pourcentages échelonnés et des notes. À un certain taux de pourcentage correspond ainsi une note sous forme de points.

La réussite d'un module dépend désormais d'un score minimal de 20 points au lieu de 30 points auparavant. D'un certain point de vue, ces réformes semblent introduire une évaluation des compétences moins exigeante. Pourtant, si l'on considère les rapports nationaux sur l'éducation, les élèves de la formation professionnelle sont les plus concernés par l'échec scolaire et l'abandon prématuré de la formation scolaire.

Face à cette problématique, le nivellement vers le bas des critères d'évaluation ne semble pas la solution adéquate. Par conséquent je voudrais interroger le ministre sur certains aspects en lien avec les méthodes d'évaluation dans la formation professionnelle :

1) Un bilan de la réforme en ce qui concerne les critères d'évaluation a-t-il déjà été élaboré, voire un tel bilan est-il prévu ?

2) Concernant toujours la réforme des critères d'évaluation, celle-ci a-t-elle fait l'objet d'une appréciation par des experts ?

3) Dans l'affirmative, ces experts sont-ils engagés au service de la formation professionnelle ? S'agit-il de personnes qui enseignent dans le cadre de la formation professionnelle ?

4) Dans la négative à ma deuxième question, et dans l'objectif de transparence et de coopération, Monsieur le Ministre a-t-il l'intention de consulter ce personnel en question ?

5) Quel a été le taux global de réussite dans la formation professionnelle avant et après la mise en place du système d'évaluation basé sur le taux de pourcentage échelonné ?

En termes d'évaluation des compétences dans la formation professionnelle et l'apprentissage d'un métier, la matière d'Éducation à la citoyenneté (EDUCI) est mis sur un pied d'égalité avec ceux de la théorie et des mathématiques appliquées.

6) Comment Monsieur le Ministre justifie-t-il une telle égalité d'évaluation ?

Dans le parcours de la formation professionnelle, le programme de l'enseignement général (en allemand ou en français) ne s'adapte pas à la terminologie du langage technique du métier.

7) Monsieur le Ministre a-t-il l'intention d'adapter l'enseignement linguistique à cette terminologie de métier afin de garantir un apprentissage transversal des modules de la formation professionnelle ? Dans la négative, Monsieur le Ministre peut-il me donner des explications ?

Il arriverait que des modules sont considérés comme réussis même sans atteindre les 20 points exigés. Les rattrapages de modules seraient dans certains cas également facultatifs. De même, les critères de réussite émis par le service de la formation professionnelle pour le projet intégré final prévoient la possibilité d'effectuer un devoir supplémentaire afin de compenser les points manquants à la réussite du projet intégré final.

Par ailleurs, dans le cadre du deuxième semestre de la première année d'apprentissage (DC1) il est possible de reporter une obligation de rattrapage jusqu'au 2<sup>e</sup> semestre de la deuxième année d'apprentissage.

8) Comment Monsieur le Ministre justifie-t-il que les modules d'apprentissage professionnel puissent être réussis même sans atteindre les 20 points nécessaires ?

9) Comment Monsieur le Ministre justifie-t-il que les modules non réussis ne doivent pas obligatoirement faire l'objet d'un rattrapage ?

10) Quel est selon Monsieur le Ministre la plus-value de la possibilité pour les élèves-apprentis.e.s d'effectuer un devoir supplémentaire afin de compenser les points manquants à la réussite du projet intégré final ?

11) Quel est le taux d'élèves effectuant un devoir supplémentaire dans le cadre de la réalisation de leur projet intégré final ?

12) Quel est le taux d'élèves qui réussissent leur devoir supplémentaire ?

13) Comment Monsieur le Ministre justifie-t-il que dans le cadre du deuxième semestre de la première année d'apprentissage (DC1) il est possible de reporter une obligation de rattrapage jusqu'au deuxième semestre de la deuxième année d'apprentissage ?

14) Comment Monsieur le Ministre justifie-t-il qu'un élève doive abandonner sa formation lorsqu'il ne parvient pas à réussir son rattrapage au bout de sa deuxième année d'apprentissage, alors même qu'un bilan intermédiaire de son apprentissage est fait au deuxième semestre décidant que l'élève est apte à poursuivre sa formation ?



15) En référence à ma question précédente, quelle est la plus-value d'une telle démarche pour la qualité de l'apprentissage et la réussite de l'élève dans la formation professionnelle ?

**Réponse** (08/09/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1) Comme la réforme en question a été votée en juin 2019, seules les années scolaires 2019/2020, 2020/2021 et 2021/2022 sont concernées par le nouveau système d'évaluation.

Pour l'année scolaire 2019/2020, les classes concernées sont la 1<sup>re</sup> année du DT/DAP/CCP ainsi que la 1<sup>re</sup> année après le bilan intermédiaire (DT/DAP/CCP).

Pour les années scolaires 2020/2021 et 2021/2022, toutes les années d'études sont concernées.

Les effets de la pandémie ont été ressentis depuis le 13 mars 2020 et des dispenses au niveau des modules et compétences avaient été introduites, en accord avec les chambres professionnelles, afin de ne pas léser les élèves/apprentis de la formation professionnelle.

Au vu de ce qui précède, on peut davantage dresser un bilan de la gestion de la pandémie que du nouveau système d'évaluation.

ad 3) et 4) L'appréciation est faite de façon régulière par le groupe de pilotage de la formation professionnelle, le collège des directeurs, les équipes curriculaires ainsi que les équipes d'évaluation. La loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle reprend dans son corps la composition du groupe de pilotage de la formation professionnelle, des équipes curriculaires et des équipes d'évaluation. Par ailleurs, plusieurs organes ont réalisé des études sur la gestion de la pandémie, dont notamment les études de l'OCDE et de la Chambre des salariés.

ad 5) Les taux de réussite du projet intégré final pour la session ordinaire des années scolaires en question démontrent que les réformes successives, à savoir l'introduction des bilans intermédiaire et final par la réforme de 2016 ainsi que la notation chiffrée depuis la réforme de 2019, ont porté leurs fruits.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

ad 6) Dans la formation professionnelle, le système de promotion ne prévoit pas de pondération des modules, mis à part le fait que les modules fondamentaux doivent obligatoirement être réussis au plus tard le semestre suivant.

La formation professionnelle ne vise pas seulement à qualifier une main-d'œuvre pour les entreprises, mais veut également éduquer les jeunes à la citoyenneté active, d'où la valeur de l'EDUCI.

ad 7) Dans ce même ordre d'idées, il s'agit de dispenser aux élèves et apprentis un enseignement général de qualité qui les outille à la prise de parole et à l'expérience à la fois en tant que membres à part entière de la société civile et en tant que futurs salariés. Ainsi, le SCRIPT a entrepris, en coopération avec les enseignants concernés, le développement et la publication de lexiques spécifiques multilingues pour différents domaines et formations.

ad 8) et 9) Conformément à l'article 33, paragraphe 3, point 2 de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle, « [...] un module est réussi, si la note est supérieure ou égale à trente points [...] ».

Par ailleurs, conformément aux articles 5 et 6 du règlement grand-ducal modifié du 15 août 2019 portant sur l'évaluation et la promotion des élèves de la formation professionnelle et abrogeant le règlement grand-ducal du 31 août 2016 portant sur l'évaluation et la

promotion des élèves de la formation professionnelle, tout module obligatoire non réussi doit être évalué à au moins 20 points.

Depuis la réforme de 2016, la réussite du bilan intermédiaire permet de progresser sans avoir réussi tous les modules (à l'exception des modules fondamentaux).

La possibilité du report d'un rattrapage d'un module fondamental existe depuis la réforme de 2016 et permet d'éviter des redoublements improductifs.

Les rattrapages des modules ne sont pas facultatifs, mais peuvent être effectués sous différentes formes (cf. article 9, paragraphe 6 du règlement grand-ducal modifié du 15 août 2019 portant sur l'évaluation et la promotion des élèves de la formation professionnelle et abrogeant le règlement grand-ducal du 31 août 2016 portant sur l'évaluation et la promotion des élèves de la formation professionnelle).

La réforme de 2019 a introduit la possibilité de repêchage et des épreuves complémentaires dans le cadre du projet intégré final, et ceci à l'image des pratiques dans l'enseignement secondaire. C'est dans un esprit d'équité que ces mesures ont été introduites dans les textes de loi.

ad 10) Un parallélisme avec l'enseignement secondaire a été établi (ajournements).

ad 11) et 12) Au cours de l'année 2021/2022, 1.974 élèves ont passé leur projet intégré final, dont sept élèves ont dû passer une épreuve complémentaire (parmi lesquels quatre ont réussi).

Les conditions d'autorisation à passer une épreuve complémentaire sont strictes et définies à l'article 33 quinquies, paragraphe 4, de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle : « [...] (4) Si une seule compétence figurant dans le référentiel d'évaluation du projet intégré final est non réussie et si la note finale est comprise entre 27 et 29 points, valeurs limites incluses, le candidat est autorisé à se présenter à une épreuve complémentaire élaborée et évaluée par au moins deux membres de l'équipe d'évaluation.

L'équipe d'évaluation décide si l'épreuve complémentaire est écrite, orale ou pratique. Elle désigne les évaluateurs. Il est loisible aux autres membres de l'équipe d'évaluation d'assister à l'épreuve complémentaire ainsi qu'à son évaluation.

En cas de réussite à l'épreuve complémentaire, la note finale du projet intégré final est fixée à trente points. En cas d'échec à l'épreuve complémentaire, la note finale reste celle fixée antérieurement. [...] »

ad 13) Il s'agit d'une possibilité prévue par la loi pour tenir compte des disponibilités en infrastructures et d'enseignants ainsi que des impératifs spécifiques aux différents métiers et professions (ex : agriculture, hôtellerie, etc.).

ad 14) Tout élève n'ayant pas pu réussir son bilan intermédiaire, malgré la possibilité de rattrapage, n'est pas autorisé à progresser (article 5, paragraphe 6, du règlement grand-ducal modifié du 15 août 2019 portant sur l'évaluation et la promotion des élèves de la formation professionnelle et abrogeant le règlement grand-ducal du 31 août 2016 portant sur l'évaluation et la promotion des élèves de la formation professionnelle). Le bilan intermédiaire a été introduit en 2016 afin d'éviter que de nombreux élèves/apprentis avancent dans leur formation en dépit d'un nombre trop élevé de modules non réussis.

ad 15) La plus-value de cette démarche est de stimuler et de garantir l'avancement des élèves/apprentis dans leur formation et de leur permettre une qualification dans des délais raisonnables.

.....

**Langues utilisées par les promoteurs publics | Question 6551 (26/07/2022) de M. Fred Keup (ADR)**

Lëtzebuerg huet laut Gesetz vum 24. Februar 1984 dräi administrativ Sproochen an eng Nationalsprooch. Laut Gesetz mussen d'Administrationen de Leit an där Sprooch (eng vun deenen dräi) äntweren, an där dës sech un si gewannt hunn.

Et schéngt deemno evident, dass Administrationen an ëffentlech Aariichtungen sech a méi Sproochen un d'Leit richte, wat jo dann och der vill geluefter Dräi-sproochegkeet géif entspriechen.

Dëst ass doriwwer eraus besonnesch wichteg, wann et ëm staatlech Subventionne geet fir eng éischter sozioekonomesch schwaach Bevëlkerung, wéi et de Fall ass beim subventionéierte Wunnen. An deem Kontext hu vill Leit Schwieregkeeten, wann et ausschliesslech op Franséisch ass, a fillen sech diskriminéiert.

An deem Zesammenhang hunn ech follgend Froen un den Här Wunnengsbauminister:

1. A wéi enger Sprooch oder a wéi enge Sproochen sinn d'Internetsäite vum Fong fir d'Wunnengswiesen („Fonds du logement“) a vun der nationaler Gesellschaft fir bëlleg Wunnengen (SNHBM)? Aus wéi enge Grënn ass sech hei géint aner Sproochen entscheet ginn?

2. A wéi enger Sprooch oder a wéi enge Sproochen sinn d'Formulieren an d'Vertrag vum Fong fir d'Wunnengswiesen („Fonds du logement“) a vun der nationaler Gesellschaft fir bëlleg Wunnengen (SNHBM)? Aus wéi enge Grënn ass sech hei géint aner Sproochen entscheet ginn?

3. Gëtt de Clienten e Choix vun enger Sprooch proposéiert?

4. Gëtt et eng allgemeng Richtlinn fir de Sproochgebrauch?

5. Ass de Minister der Meenung, dass de Sproochgebrauch hei sollt verännert respektiv verbessert ginn?

**Réponse** (07/09/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre du Logement

ad 1. D'Internetsite vun den ëffentleche Promoteuren SNHBM a Fonds du logement sinn zum gréissten Deel op Franséisch, well dëst dem gängegste Sproochgebrauch vun hire Clienten entsprécht. Dës Sitte kënnen awer an de meeschte Webbrowseren automatesch a verschidden aner Sproochen iwwersat ginn.

ad 2. Formulairé vum der SNHBM an dem Fonds du logement si mindestens op Franséisch an oft och op Däitsch an Englesch. Vertragstexter sinn op Franséisch, well dës Sprooch fir dësen Typ vun Texter am sënnvollsten an am verständlechsten ass.

ad 3. An de Gespréicher mat Clienten a Fournisseure praktizéieren SNHBM a Fonds du logement esouwuel Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Portugisesch, Englesch oder rezenterweis och Arabesch.

Mataarbechter a Mataarbechterinne vum Fonds du logement, deenen hir Mammesprooch net Lëtzebuergesch ass, kréien eng Formation, fir datt si mindestens op eng Maîtrise vun der Sprooch um Niveau B2 kommen.

ad 4. Ausser der Richtlinn, déi den Auteur vun der Fro selwer zitëiert, gëtt et keng Richtlinn zum Sproochgebrauch.

ad 5. Béid Acteure schaffe serviceorientéiert an en faveur vun hire Clienten. Aus deem Grond passen si och hire Sproochgebrauch reegelméisseg den Ufuerderungen entspriechend un.

**Offre vaccinale contre la variole du singe |** Question 6555 (26/07/2022) de **Mme Josée Lorsché | M. Marc Hansen** (déi gréng)

Depuis le mois de mai, le virus de la variole du singe, endémique dans le bassin du Congo et dans l'Afrique de l'Ouest, se propage rapidement à travers le monde, surtout aux États-Unis et en Europe.

D'après sa communication du 22 juillet 2022, la Direction de la santé luxembourgeoise a eu notification de 16 cas au Luxembourg. En date du 23 juillet 2022, l'OMS a déclaré que l'épidémie de la variole du singe constitue « une urgence de santé publique internationale », ce qui fait lieu du plus haut degré d'alerte. En date du 25 juillet 2022, la Commission européenne a autorisé le vaccin anti-variole Imvanex pour l'immunisation des adultes contre la variole du singe.

Les vaccins existants contre la variole humaine protègent efficacement contre la variole du singe et constituent actuellement, avec le médicament antiviral Tecovirimat, l'épine dorsale de la prévention et du traitement de l'infection.

Un certain nombre des pays touchés par les cas de variole du singe ont commencé à mettre en place une offre vaccinale d'ordre préventif à destination des personnes particulièrement à risque.

Nous aimerions dès lors demander les renseignements suivants à Madame la Ministre de la Santé :

1) Est-ce que le Luxembourg dispose d'un stock du vaccin Imvanex ou autres à l'instar de certains de nos pays voisins ?

2) Dans l'affirmative, ce stock est-il dès à présent utilisé dans le cadre d'une offre de vaccination contre la variole du singe au Luxembourg ?

3) Quelles quantités de vaccin le Luxembourg cherche-t-il à se procurer via l'achat conjoint par l'intermédiaire de l'autorité de préparation et de réaction aux situations d'urgence (HERA) de l'autorité sanitaire européenne ? Endéans quel délai ces vaccins seront-ils disponibles ?

4) Est-ce qu'au Luxembourg l'accessibilité au Tecovirimat est assurée pour garantir la prise en charge des patient.e.s infecté.e.s par la variole du singe ?

5) Existe-t-il une collaboration entre le Ministère de la Santé et les associations et services d'éducation sexuelle afin d'optimiser la circulation des informations relatives à la variole du singe ?

**Réponse** (31/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) Oui, le Luxembourg dispose de 1.400 doses du vaccin Jynneos et de 200 doses du vaccin Imvanex.

ad 2) Oui, la vaccination a commencé le 16 août et 384 personnes se sont déjà fait vacciner jusqu'au 26 août. La vaccination est faite conformément aux recommandations du Conseil supérieur des maladies infectieuses.

ad 3) À ce jour, 1.400 doses de Jynneos ont été commandées via HERA. Elles sont déjà tous sur le territoire. Une livraison supplémentaire via HERA est prévue en décembre. Le nombre de doses disponibles pour cette deuxième livraison n'est actuellement pas encore connu.

ad 4) Le Luxembourg est en discussion avec HERA pour un contrat conjoint avec les autres États membres.

ad 5) Une consultation entre le Ministère de la Santé et le groupe de travail LGBTIQ+ du « Comité de surveillance du sida, des hépatites infectieuses et des

maladies sexuellement transmissibles » a eu lieu en vue de l'élaboration de la communication en relation avec la variole du singe. Parallèlement, le Ministère de la Santé est également en contact avec la HIV Berodung, Rosa Lëtzebuerg et Cigale afin d'aligner le travail de sensibilisation des populations à risque face à la variole du singe.

**Politique d'investissement du Fonds de compensation commun au régime général de pension |** Question 6556 (26/07/2022) de **M. Paul Galles** (CSV)

Den 3. Dezember 2020 war an der Chamber eng Interpellatioun iwwert d'Investitiounspolitik vum Pensiounsfong. An deem Kader ass eng Proposition de loi deposéiert ginn, wou ënnert anerem eng Adaptatioun vum legale Kader proposéiert gëtt betreffend d'Investitiounspolitik vum Pensiounsfong. Nieft der Konditioun vun der „diversification des risques“ soll eng zweet Virgab fir d'Investitiounspolitik vum Pensiounsfong derbäikommen, nämlech datt Investitiounspolitik ökologesch a sozial responsabel muss sinn. Des Weideren ass och an engem Motioun gestëmmt ginn, déi Regierung opfuert, eng Ofännerung vum gesetzleche Kader ze analyséieren.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4676 vum 19. Juli 2021 ass ënnert anerem ze liesen dass: « [...] le Ministre de la Sécurité sociale a demandé au président du Fonds de compensation de soumettre la proposition de loi à l'analyse et l'avis du conseil d'administration. [...] Sur base de cet avis, le Ministère de la Sécurité sociale élaborera une prise de position à soumettre au Conseil de Gouvernement en réponse à la motion du 3 décembre 2020 et à la proposition de loi n° 7729. »

An deem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Sozialminister stellen:

– Huet de Conseil d'administration vum Fonds de compensation mëttlerweil een Avis zur uewe genannter Proposition de loi ofginn, déi zënter méi wéi annerhallwem Joer deposéiert ass?

– Wa jo, wéi ass den Avis zur Proposition de loi ausgefall a wéini ass mat der Positioun vum Ministère respektiv der Regierung ze rechnen?

– Wann nee, u wat läit et, dass de Conseil d'administration bis dato keen Avis ofginn huet?

– Ass d'Regierung bereet, och ouni Avis vum Conseil d'administration Positioun ze huelen oder gesäit d'Regierung et als net opportun un, eng Prise de position zu deem wichtege Thema ze formuléieren?

**Réponse** (05/09/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

Betreffend d'Investitiounspolitik vum Kompensatiounsfong vum allgemenge Pensiounsregime (FDC) gesäit de Koalitiounsaccord 2018–2023 Folgendes vir:

L'importance du Fonds de compensation commun au régime général de pension dans le futur financement des prestations nécessite impérativement que les placements soient opérés dans un objectif de pérennisation. À cette fin, les placements doivent respecter les principes d'une diversification appropriée des risques, par une répartition entre différents produits et entre plusieurs secteurs économiques et géographiques, tout en adoptant une approche d'investissement responsable aux niveaux social et environnemental. Dans ce contexte, il convient d'une part de développer les investissements du Fonds de compensation dans le logement locatif à coût modéré. D'autre part, il s'agit d'élaborer et d'appliquer des directives claires au sujet

de l'orientation des investissements vers le secteur de la finance verte et durable. À ce sujet, un dialogue sera entamé avec les partenaires sociaux et la nécessité d'une modification de la législation sera analysée. (Säit 108, Koalitiounsaccord 2018–2023)

Fir dës ëmzesetzen, hat de Minister fir sozial Sécherheet de President vum FDC gefrot, de Sujet am Verwaltungsrat vum FDC, an deem d'Sozialpartner vertruede sinn, ze diskutéieren an en Avis auszeschaffen. Dësen Avis sollt och d'Gesetzespropositioun N° 7729 mat berécksiichtegen. Ewéi den honorabelen Deputéierten a senger parlamentarescher Fro richteg zitéiert, gouf dës schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4676 präziséiert.

An der Tëschenzäit huet de Verwaltungsrat vum FDC säin Avis un de Minister fir sozial Sécherheet adresséiert an de Ministère fir sozial Sécherheet schafft un engem Projet de prise de position, déi dem Regierungsrat an deenen nächste Woche soll ënnerbreet ginn. D'Prise de position vum der Regierung wäert duerno op den Instanzeweeg goen am Kader vum der legislativer Prozess.

Doriwwer eraus ass ze ënnersträichen, datt de Verwaltungsrat vum FDC seng Investitiounsstrategie iwwer déi lescht zwielef Joren ëmmer nees ugepasst huet, fir déi méi nohaltege ze gestalten, wat déi Sozial- an Ëmweltaspekter ubelaangt.

D'Transparenz ass an deem Kontext och e wichtege Aspekt. Esou ka jiddereen op der Internetsäit vum FDC déi wichteg Dokumenter an Informatiounen zur Investitiounsstrategie fannen. Och huet den FDC Enn 2020 säin éischte Rapport d'investisseur responsible publizéiert, deen et erlaabt, méi spezifesch d'Nohaltegkeet vum den Investitiounen nozevollzéien, och wat d'Ëmsetzung vum Paräisser Accord ubelaangt. Dëse Bericht soll och reegelméisseg opgestallt a publizéiert ginn.

Dës Analys erlaabt et och, d'Investitiounsstrategie vum FDC puncto Nohaltegkeet weider ze verfeinere, an déi gewonnen Erkenntnisser wäerten och an déi nächst Strategie afléissen, déi aktuell vum FDC ausgeschafft gëtt.

**„Staark fir d'Liewen – prett fir d'Beruff“ |** Question 6559 (27/07/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

D'Broschüre „Staark fir d'Liewen – prett fir d'Beruff“ solle laut Internet-Site vum SCRIPT 2021 fäerdeggestallt sinn. Et ass eng Serie vu Broschüren, déi sech un all d'Schüler vum der Berufsausbildung riiicht.

Virun deem Hannergrond wëll ech dem Här Bildungsminister folgend Froen stellen:

1. Wéi eng Broschüren aus dëser Serie si schonns fäerdeggestallt? Wéi eng feelen nach? Gëtt dëst didaktesch Material konsequent an der Berufsausbildung agesat?

Wa jo, a wéi enge Formatiounen? Wann neen, firwat net?

2. An der Berufsausbildung ass um Niveau vum DAP keen Englesch virgesinn, obwuel d'Englesch vu verschiddene Betriber verlaangt gëtt. Kann den Här Minister eis bestätegen, datt et esou ee Bedarf an der Berufsausbildung gëtt?

3. Ass et virgesinn, a verschidde Formatiounen um Niveau vum DAP, nieft dem Däitschen a Franséischen, och d'Englesch unzibidden?

Ass et virgesinn, mat engem „projet d'innovation pédagogique“ respektiv engem Pilotprojet unzefänken? Wa jo – a wéi engen Ausbildungen? Wann nee – wat schwätzt dergéint?



4. Wäer et méiglech, oder ass et virgesinn, ee Sproochmodell unzëbidden, wou déi dräi Sproochen behandelt ginn?

Wa jo weini?

Wann nee, firwat gouf sech géint des Optionen entscheet?

5. Ass allgemeng virgesinn, de Sproochenunterrecht an der Berufsausbildung ze reforméieren? Wéi wéi de Ministère der Nofro vun de Beruffer nokommen?

**Réponse** (08/09/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Déi komplett Serie „Staark fir d'Liewen – prett fir d'Beruff“ wäert aus fënnf Publikatiounen bestoen, vun deenen der bis elo dräi publizéiert gi sinn:

Band 1: „Gebäude und Handwerk“

Band 2: „Commerce“

Band 3: „Industrie“

De Band 4 „Natur und Agrikultur“ ass fäerdeg geschriwwen an aktuell schafft e Grafiker um Layout. Dese Band kënnt am Laf vum Schouljoer 2022/2023 eraus.

De Band 5 „Kunst und Design“ gëtt am Moment inhaltlech ausgeschafft a wäert am Laf vum Schouljoer 2023/2024 erauskommen.

Déi ganz Serie ass konzipéiert, fir als Zousatzmaterial am Enseignement général (ENGE) vun der Formation professionnelle kënnen agesat ze ginn, virun allem an de Modullen Éducation à la santé (EDSAN), Éducation à la citoyenneté (EDUCI) an natierlech och an de Sproochen.

D'Enseignantë sinn net obligéiert, d'Bicher aus der Serie „Staark fir d'Liewen – prett fir d'Beruff“ am Cours anzusetzen, mee all Schülerin a Schüler vun all Niveau an der Formation professionnelle, dat heescht CCP, DAP an DT, kritt am éischte Joer vun der entsprecherender Formation (4<sup>e</sup>) dat Buch aus der Serie gratis, an deem säi Beruff behandelt gëtt.

Well dës Bicher net obligatoresch um Programm stinn, ass et net méiglech, genee Zuelen iwwer hiren Asaz an de Coursen ze liwweren.

ad 2. An der Berufsausbildung ass d'Englescht net virgesinn. Den Enseignement général ass dee selwechte fir alleguer d'Beruffer. An där Hisiicht ass et méi wichteg, d'Berufsbezeichnungen unhand vun dese Fascicullen an e puer Sproochen, ënnert anerem dem Engleschen, ze kennen.

Ganz sécher wäert eng Etüd gemaach ginn, a wat fir Beruffer een Englesch sollt zousätzlech virgesinn.

ad 3. Besonnesch am Apprentissage gëtt et manner Schoulstonne wéi an aneren Ordres d'enseignement an hei gëtt vill Fachwësse vermëttelt. Am Kontext vun der festgeluechter Unzuel u Schoulstonne ka gekuckt ginn, ob Englesch kann ugebuede ginn.

Et si Projets d'innovation pédagogique laut dem Artikel 5bis vum modifizéierte Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwer d'Reform an der Berufsausbildung ugeduecht.

**Apposition de plaques commémoratives sur les monuments nationaux** | Question 6561 (27/07/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

An Holland gëtt all Nationaldenkmal („Rijksmonument“) mat engem wäiss-bloen Emaille-Schëldche gekennzeechent. Sait 2010 ginn och Objeten, déi net vun iwwerragerender nationaler Bedeitung sinn an déi kee wäiss-blot Schëld droen däerfen, mat enger Denkmalplaquette ausgestatt, wat den touristeschen Attrakt vum dësen Objeten ouni Zweifel erhéicht.

Zu Lëtzebuerg ass et awer net ëmmer liicht ze erkennen, ob ee Gebai ënner Denkmalschutz steet. Oft schafft réischt e Bléck an d'„Liste des immeubles et objets classés comme patrimoine culturel national ou inscrits à l'inventaire supplémentaire“ vum „Institut national pour le patrimoine architectural“ (fréier „Service des sites et monuments“) Gewëssheet doriwwer.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

1. Wéi steet d'Madamm Minister zur Iwwerleeung, sämtlech Nationaldenkmäler hei am Land fir d'Effentlechkeet mat engem Schëld oder enger Plaquette ze kennzeechen?

2. Wier et am Hibleck op d'Verbreedung vu kulturellem Wëssen iwwer eist Land keng gutt Iddi, ee QR-Code nieft oder op esou engem Schëld unzëbréngen, deen eppes iwwer d'Gebai erzielt?

**Réponse** (31/08/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture

Dat neit Denkmalschutzgesetz vum 25. Februar 2022 gesäit a sengem Artikel 33 vir, datt eng Plaquette op engem national klasséierte Gebai kann ubruecht ginn, dat mat der Zoustëmmung vum Propriétaire. Am Moment ginn et eng ronn 1.000 esou Gebaier. Wichteg ass et, an den nächste Méint a Joren d'Zuel vun de klasséierten Haiser weider eropzeschrauwen an ze hëllefen, se uerdentlech ze restauréieren. Déi ganz Energie vum Institut national pour le patrimoine architectural (INPA) gëtt am Moment an dës wichteg Missiounen investéiert.

Mam Schafen a mam Ausbau vun engem didaktische Service am INPA an den nächste Jore wäert dann och de Volet vun der Kommunikatioun weiderentwéckelt ginn. An deem Kontext ass virgesinn, all déi klasséiert Gebaier analog an elektronesch adequat ze markéieren, dat virun allem, fir d'Leit esou gutt wéi méiglech iwwer eise geschützten Patrimoine ze informéieren. Effektiv sollen iwwer eng Zort QR-Code dës Informatiounen un e grouse Publikum weidergeleet ginn.

**Pénurie de paracétamol** | Question 6569 (29/07/2022) de **M. Claude Wiseler** | **Mme Martine Hansen** (CSV)

No Bericht an de Medie wier et an de leschten Deeg zu Lëtzebuerg zu Enkpäss bei der Versuergung mat Paracetamol komm. An deem Kontext wollt mir follgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

1. Kann d'Regierung confirméieren, datt et hei am Land an de leschten Deeg Liwwerproblemer beim Paracetamol gouf?

2. Kann d'Regierung confirméieren, dat kee Sirop fir Kanner op Basis vu Paracetamol méi disponibel war? – Wa jo, wat waren d'Ursaache fir dës Enkpäss?

3. Ass d'Versuergung mat dësem Medikament nees séchergestallt?

4. Kann d'Regierung garantéieren, datt am Fall, wou et zu weider Liwwerproblemer kënnt, genuch alternativ Medikamenter zur Verfügung stinn?

5. Gëtt d'Regierung am Fall, wou et nees zu Rupturë beim Stock kënnt, Consignen un d'Apdikten eraus? – Wa jo, wat fir Consigné wäerten dat sinn?

**Réponse** (29/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1. Zanter Juli ass et zu Lëtzebuerg effektiv zur Enkpäss bei der Liwwerung vu verschiddenen Zorte vu Paracetamol komm. Alternativ Medikamenter zum

Paracetamol waren a bleiwen awer weiderhin um Lëtzebuurger Marché disponibel.

ad 2. Wat pediatriesch Produite betrëfft, si säit Abrëll effektiv zwou Zorte vu Paracetamol a Form vu Kanner-sirop guer net méi disponibel gewiescht. Et handelt sech ëm de Paracetamol Ratio 40 mg/ml an de Benuron 200 mg/5 ml. Dës Produite stellen alleng méi wéi d'Hallschecht vum Lëtzebuurger Marché vum Sirop duer. Dës Indisponibilitéit konnt allerdéngs duerch aner Siropen mat enger änlecher Doséierung (z. B. Perdolan 32 mg/ml, Dafalgan 30 mg/ml) respektiv duerch aner Produiten ënnert enger anerer Form (Stéppercher) kompenséiert ginn.

Dës Rupturë si gréisstendeels op grouss Schwankunge bei der Nofro op Paracetamol, déi et säit dem Ufank vun der Pandemie gëtt, zeréckzuféieren an déi et fir d'Produzente schwéiermachen, d'Produktioun un d'Demande ze adaptéieren. Effektiv war d'Nofro am Mäerz an Abrëll 2020 extreem héich. Dës Hausse ass 2021 allerdéngs vun enger starker Baisse vun der Demandé ofgeléist ginn, soudatt d'Produktioun bedeitend erofgesat ginn ass. Déi gelagert Stocke si soumat staark an d'Luucht gaang, mee konnten awer weinst dem Verfallsdatum vun de Produkter just begrenzt benotzt ginn. Ënn 2021 ass d'Nofro erëm staark an d'Luucht gaang, mee verschidde Laboratoire konnten hire Produktiouns-niveau net schnell genuch upassen. Déi rezent Covid-19-Well huet ëmsou méi zu dëser staark usteigender Nofro bäigedroen, wat d'Liwwerungsenkpäss vun dësem Summer erkläert. Et sief allerdéngs ënnerstrach, datt dës Liwwerungsenkpäss net just de Lëtzebuurger Marché concernéieren, mee global constatéiert gi sinn.

ad 3. D'Informatiounen, déi dem Gesondheitsministerium aktuell virleien, deiten dorop hin, dass an den nächste Wochen d'Liwwerungen u Paracetamol sech erëm wäerten normaliséieren.

ad 4. De Lëtzebuurger Marché ass ofhängeg vum Ausland, wat d'Liwwerung vu Medikamenter betrëfft. Dës stëllt souwuel en Avantage wéi och en Desavantage duer: Am Fall vun engem Manktem erlaabt déi Lëtzebuurger Gesetzgebung et méi einfach, alternativ Medikamenter aus eisen Nopeschlänner ze importéieren. Anerersäits kann e Manktem bei eisen Nopeschlänner awer och Auswierkungen op d'Liwwerung vu Medikamenter fir Lëtzebuerg hunn.

ad 5. Bis elo war et nach net néideg, speziell Consignen, wat d'Distributioun vu Paracetamol ugeet, un d'Apdikte virunzeginn, well d'Alternativen zum Paracetamol weiderhin disponibel waren. Wann d'Situatioun sech awer géif an eng Richtung entwéckelen, wou dës néideg géif ginn, missten déi appropriéiert Moosname geholl ginn.

**Télétravail des fonctionnaires et employés publics frontaliers** | Question 6570 (29/07/2022) de **M. Paul Galle** | **M. Marc Spautz** (CSV)

Depuis le début de la pandémie, le Luxembourg et ses pays voisins se sont entendus sur des accords dérogatoires fiscaux pour les frontaliers en télétravail. Ces accords dérogatoires ont pris fin le 30 juin 2022.

Pour les frontaliers résidant en Allemagne, la fin de l'accord dérogatoire fait passer le nombre de jours de travail pouvant être prestés en télétravail sans devoir payer d'impôts dans le pays de résidence à 19 jours. Il a cependant été porté à notre attention que cette règle de 19 jours ne serait pas d'application pour les fonctionnaires et les employés de l'État résidant en Allemagne. Par ailleurs, la Confédération générale de la fonction publique (CGFP) fait le constat suivant dans un communiqué de presse publié jeudi 28 juillet 2022 :

« Ces dispositions [relatives au nombre de jours de télétravail], applicables au secteur privé, ne concernent toutefois pas une grande partie des agents publics, a confirmé le Ministère des Finances à la CGFP. Ces seuils de tolérance n'existent donc pas pour ces employés des secteurs de l'État et des communes. La Ministre des Finances a reconnu une "certaine discrimination" à cet égard. »

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances :

– Est-ce que Madame la Ministre peut confirmer que les fonctionnaires et les employés de l'État ne profitent pas des mêmes règles concernant le télétravail que d'autres salariés du Luxembourg et résidents à l'étranger, notamment en Allemagne ?

– Dans l'affirmative, qu'est-ce qui explique cette situation pour le moins étonnante ?

– Dans l'affirmative, quels efforts sont entrepris au niveau du Gouvernement pour remédier à cette situation ? Où en sont les discussions avec nos pays frontaliers ?

**Réponse (29/08/2022) de Mme Yuriko Backes,** Ministre des Finances

Dans leur question parlementaire, les honorables Députés font référence à différentes dispositions concernant la convention de non-double imposition entre le Luxembourg et l'Allemagne (« convention fiscale »), dont notamment le seuil de tolérance de 19 jours prévu par un accord amiable (« Verständigungsvereinbarung ») datant de 2011 et annexé à ladite convention fiscale.

Comme évoqué dans la réponse à la question parlementaire n° 6124, le seuil de tolérance ne s'applique pas aux fonctionnaires, employés et salariés de l'État luxembourgeois qui sont résidents en Allemagne, étant donné que ceci n'avait pas été prévu lors des négociations en 2011.

La répartition du droit d'imposition des salaires, traitements et autres rémunérations similaires provenant des fonctions publiques entre deux pays est réglée dans un article spécifique de la convention de non-double imposition selon le modèle de convention de l'OCDE. En l'espèce, l'article 18 de la convention fiscale règle la répartition du droit d'imposition des salaires, traitements et autres rémunérations similaires provenant des fonctions publiques. Le seuil de tolérance de 19 jours ne s'applique pas à cet article 18 de la convention fiscale.

Les autorités luxembourgeoises sont en contact régulier avec les autorités allemandes sur le télétravail en général, dont un élément de discussion est l'augmentation du seuil de tolérance de 19 jours ainsi que son extension aux frontaliers qui travaillent dans le secteur public. Le sujet fut par ailleurs évoqué le 23 août 2022 lors d'une entrevue bilatérale avec le Ministre des Finances allemand en marge de la réunion annuelle des ministres des Finances germanophones.

.....  
**Financement public des associations œuvrant au respect des droits humains et du droit d'asile | Question 6572 (29/07/2022) de M. Paul Galles (CSV)**

Il est essentiel que les organismes de défense des droits fondamentaux aient des moyens suffisants pour garantir leurs activités et accueillir les personnes à la recherche d'information sur leurs droits. Par exemple, il est primordial d'accompagner les personnes en situation d'exil ou d'apporter une aide administrative dans le cadre de demandes de regroupement familial.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Justice et à Monsieur le Ministre de l'Immigration et de l'Asile :

1) Dans quelle(s) ligne(s) budgétaire(s) se trouvent les subventions fournies par le MAEE et le MJ aux organismes conventionnés ?

2) Où se trouve la liste des organismes conventionnés avec le MAEE et le MJ ? (Faire le lien avec le MEGA qui liste de manière détaillée l'ensemble des organisations ayant signé une convention avec eux // pareil avec le MEN // aussi avec MIFA).

Dans quel domaine ces organismes œuvrent-ils ? Y a-t-il des critères objectifs afin de prétendre à un conventionnement ?

3) Pourquoi la participation du Ministère aux frais de fonctionnement d'organismes conventionnés ne fait pas l'objet d'une ligne budgétaire à part ? (Comme cela est le cas dans le budget du MIFA par exemple : Participation de l'État aux frais de fonctionnement d'associations œuvrant dans le domaine de l'intégration.)

4) Les Ministres considèrent-ils qu'une association de la société civile œuvrant au respect des droits humains, et du droit d'asile en particulier, devrait être financée exclusivement par des fonds privés ? Sinon, pourquoi les subsides versés dans ce domaine sont-ils si limités ? Et pourquoi n'y a-t-il jamais d'appels à projets dans ce domaine ?

5) Est-ce que les frais liés au personnel employé par ces organismes conventionnés et travaillant dans les foyers pour DPI/BPI sont compris dans la ligne budgétaire « rémunération du personnel » (du MAEE 2022) ?

6) 30.000 € sont alloués à des subsides à des « œuvres de bienfaisance et de solidarité sociale initiant et mettant en œuvre des projets en faveur de l'accueil des personnes étrangères ». Dans quel domaine spécifique œuvrent ces organismes ?

7) À quoi correspond précisément la ligne budgétaire (du Ministère de la Justice 2022) : « Frais de publicité, de sensibilisation et d'information » ? (30.000 €). Ces activités de sensibilisation sont-elles réalisées par des organisations externes au Ministère ?

8) Concernant la ligne « subsides aux barreaux et autres associations juridiques nationales » : au-delà des barreaux de Diekirch et de Luxembourg, quelles autres associations juridiques nationales reçoivent un subside de la part du Ministère de la Justice ? (8.000 €)

9) Existe-t-il une liste définie des organismes luxembourgeois conventionnés avec le Ministère de la Justice ? Y a-t-il des critères objectifs à remplir afin de prétendre à une convention ?

**Réponse (30/08/2022) de M. Jean Asselborn,** Ministre de l'Immigration et de l'Asile | **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice

ad 1) Le Ministère des Affaires étrangères et européennes n'accorde pas de subventions à des organismes conventionnés via l'Office national de l'accueil à l'instar des autres ministères cités par l'honorable Député.

Des subsides peuvent toutefois être accordés par l'Office national de l'accueil aux termes de l'article budgétaire intitulé « 01.8.33.010 Subsides à des œuvres de bienfaisance et de solidarité sociale initiant et mettant en œuvre des projets en faveur de l'accueil de personnes étrangères ». Le montant du crédit est de 30.000 euros pour l'année 2022 (voir aussi infra).

La Direction de l'immigration n'a pas d'organismes conventionnés, mais dispose de l'article budgétaire intitulé « 01.4.33.300 – Aides bilatérales ou multilatérales à la réinsertion des rapatriés ainsi qu'en faveur d'actions visant une meilleure gestion des flux

migratoires ; subventions poursuivant le même objectif à des organisations internationales et à des ONG ». Le montant du crédit est de 25.000 euros pour l'année 2022.

Concernant le Ministère de la Justice, aucune convention n'a été conclue avec un organisme œuvrant pour le respect des droits humains et du droit d'asile.

De manière générale, les subventions sont attribuées aux organismes non conventionnés. Dans le contexte des finances étatiques, les subventions sont uniquement attribuées aux organismes qui ne disposent pas de convention. En ce qui concerne le budget 2022 du Ministère de la Justice, l'article budgétaire 07.0.33.010., intitulé « Subsides aux barreaux et autres associations juridiques nationales », prévoit des crédits dans le domaine des droits humains et du droit d'asile. La dotation annuelle pour cet article budgétaire s'élève à 8.000 euros, dont 5.000 euros ont été alloués à l'association Passerell.

ad 2) Pour le Ministère des Affaires étrangères et européennes, il est renvoyé à la question reprise ci-dessous sous « organismes travaillant dans les foyers DPI/BPI ».

Pour le Ministère de la Justice, il est précisé qu'aucune convention n'a été conclue avec un organisme actif dans la défense des droits humains et du droit d'asile.

ad 3) Il est rappelé qu'aucune convention n'a été conclue par les deux ministères avec un organisme de défense des droits humains et du droit d'asile.

ad 4) En ce qui concerne le Ministère des Affaires étrangères et européennes, il convient de noter que les subsides dépendent des crédits alloués au niveau de l'article budgétaire et sont accordés sur base d'une évaluation du projet à l'aide de critères objectifs. Lors de l'élaboration du programme national pluriannuel du Fonds européen 2021-2027 « Asile, migration et intégration », une consultation publique des associations et organismes œuvrant dans le domaine de l'asile, de la migration et de l'intégration a eu lieu en 2020 et des besoins dans les domaines mentionnés par l'honorable Député n'ont pas été soulevés à ce moment-là.

En ce qui concerne le financement du Ministère de la Justice d'association œuvrant dans le domaine du droit d'asile, le Ministère de la Justice ne subventionne pas d'association se chargeant de l'accompagnement des demandeurs d'asile alors que cela ne tombe pas sous la compétence du Ministère de la Justice. Le Ministère de la Justice finance néanmoins l'assistance judiciaire dont les réfugiés et demandeurs d'asile ayant déposé une demande de protection internationale ou ayant fait l'objet d'une mesure de placement au Centre de rétention peuvent bénéficier. Ils peuvent ainsi bénéficier d'une assistance judiciaire gratuite et totale pour la défense de leurs intérêts dans le cadre de leur demande de protection internationale ou de la mesure de placement au Centre de rétention dont ils font l'objet. Cette aide est assurée par le Conseil de l'ordre des avocats de Luxembourg et de Diekirch et donne droit à l'assistance d'un avocat et à la prise en charge de tous les frais d'instance et de procédure.

Au cours de l'année 2021, qui a connu un niveau historiquement bas de contentieux de l'immigration en raison de la fermeture temporaire des frontières en raison de la pandémie<sup>1</sup>, le Ministère de la Justice a pris en charge les frais de l'assistance judiciaire de 895 dossiers pour un montant de 889.810 euros, ce qui correspond à 12,28 % du montant total des dépenses au titre de l'assistance judiciaire. Au cours de l'année 2019, le

<sup>1</sup> Ministère de la Justice, rapport d'activité, 2021, p. 539 <https://mj.gouvernement.lu/fr/publications.gouvernement%2Bfr%2Bpublications%2Brapport-activite%2Bministre-justice%2Bmjust%2B2021-rapport-activites-mjust.html>



Ministère de la Justice avait financé les frais de l'assistance judiciaire de 1.367 dossiers de contentieux de l'immigration pour un montant de 1.253.914,97 euros, ce qui correspond à 19,75 % du montant total des dépenses au titre de l'assistance judiciaire.

ad 5) Les frais de personnel de la Fondation Caritas et de la Croix-Rouge luxembourgeoise, qui assurent l'encadrement social des personnes hébergées dans certaines structures de l'Office national de l'accueil, sont pris en charge par l'Office national de l'accueil aux termes de l'article budgétaire intitulé « 01.8.33.012 Prestations d'accueil et d'encadrement à des demandeurs de protection internationale et autres ressortissants de pays tiers logés provisoirement dans les structures d'hébergement », ceci au moyen de conventions annuelles conclues entre ces organisations et l'Office national de l'accueil.

ad 6) Les organismes bénéficiaires des subsides alloués via cet article budgétaire peuvent œuvrer dans tous les domaines étant en relation avec les missions de l'Office national de l'accueil.

Depuis 2019, des subsides ont été accordés à des organisations mettant en œuvre des actions qui, de par leur envergure, ne justifient pas le recours à la procédure d'appel à projet et le financement via le Fonds européen AMIF (Fonds « Asile, Migration et Intégration »).

ad 7) Cette ligne budgétaire correspond à l'article 07.0.12.140 : « Frais de publicité, de sensibilisation et d'information ». Il s'agit de permettre au Ministère de la Justice de lancer des campagnes d'information dans des domaines tombant sous sa compétence et qui peuvent être réalisées par des entités externes.

ad 8) Ainsi que cela été relevé plus en avant, l'ASBL Passerell a bénéficié au cours de l'exercice 2022 de plus de la moitié de la dotation annuelle de 8.000 euros. Le surplus de 3.000 euros a été réparti entre les organisations des avocats luxembourgeois (Barreau de Luxembourg, Barreau de Diekirch et Jeune Barreau), l'Association nationale des étudiants en droit et l'Association Henri Capitant.

ad 9) Le Ministère de la Justice a conclu des conventions avec des entités qui contribuent à la réalisation des objectifs et attributions relevant du ministère. Les conventions suivantes ont été conclues par le Ministère de la Justice :

Au titre de l'article 07.2.12.331 avec le Centre hospitalier de Luxembourg (CHL) et le Centre Neuro-Psychiatrique au Luxembourg (CHNP – soins détenus-psychiatrie) pour le remboursement des frais découlant de l'organisation des services de soins aux centre pénitentiaires de Luxembourg et de Givenich ; au titre de l'article 07.2.12.332 avec la fondation Centre Hospitalier Emile Mayrisch (CHEM) et le CHNP pour le remboursement frais découlant de l'organisation des services de soins au centre pénitentiaire d'Uerschterhaff ; au titre de l'article 07.2.12.330 avec les Hôpitaux Robert Schumann (HRS), le CHEM et le CHL pour les frais de location de chambres-cellules pour détenus ; au titre de l'article 07.2.12.152 avec le Centre pénitentiaire de Givenich (soins – Hëllef Doheem – Croix Rouge) pour frais d'hospitalisation, de traitements médicaux et psychiatriques et frais pharmaceutiques des détenus et vaccinations préventives dans l'intérêt du service ; au titre de l'article 07.2.12.370 avec le service Suchthëllef pour un programme de prise en charge des personnes toxico-dépendantes en milieu pénitentiaire ; au titre de l'article 07.1.12.300 avec le Laboratoire national de la santé (LNS) et la société à responsabilité limitée Warehouse Service Agency (WSA) pour le remboursement des frais de justice, l'exécution de commission rogatoires et les expertises et missions spéciales ; au titre de

l'article 07.2.33.000 avec l'ASBL Défijob pour le financement de projets favorisant la réintégration sociale des détenus ; au titre de l'article 07.1.33.001 avec le Centre de médiation – Service de justice restaurative pour les frais de fonctionnement et, enfin, au titre de l'article 07.1.33.002 avec le Centre de médiation civile et commerciale (CMCC) pour frais de fonctionnement.

#### Application de la loi relative à la protection des animaux | Question 6573 (29/07/2022) de M. Gusty Graas | M. André Bauler (DP)

An der Press hu rezent Vertrieeder vun diversen Déiereschutzorganisatioun behaupt, datt d'Déiereschutzgesetz vun 2018 zwar gutt wier, mee datt et net géif zefriddestellend ëmgasat ginn.

Des Weidere goufe mer gewuer, datt déi véier Déierenasyler, déi de Moment am Land funktionéieren, iwwerlaascht wieren. Fir méi Plaz zur Verfügung ze hunn, wiere besteeënd Gebailechkeeten den aktuelle Besoinen ugepasst ginn. Et bräicht een awer zousätzlech an adequat Infrastrukturen, besonnesch am Norde vum Land, wou et, mat Ausnam vu Privatinitiativen, iwwerhaapt keng Opfankstrukture géif ginn. Gleeft een den Déiereschützer, sou misst op d'mannst eng Opfangstatioun amenagéiert ginn.

An deem Zesummenhang wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Deelt den Här Minister d'Opfaassung vun den Déiereschützer, datt dat aktuell Déiereschutzgesetz net adequat ëmgasat gëtt?

2. Ass den Här Minister am Detail iwwert d'Situatioun an den Asyler informéiert a kann hien d'Bedürfnisser quantifizéieren?

3. Ass de Landwirtschaftsministère bereet, fir zesumme mat den Organisatiounen an de Gemengen eng weider Opfankstruktur am Norde vum Land ze fannen, fir sou op déi sëllegen Demanden ze äntweren?

#### Réponse (30/08/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. D'Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 gesäit eng ganz Partie Moossnamen a Restriktiounen, déi et virun dem Gesetz net gouf, mat dem Zil, d'Déierewuel hei am Land ze verbesseren. All Dag sinn dofir d'Fonctionnaire vum deene verschiddenen zoustännge Verwaltungen am Asaz, fir d'Gesetz am Sënn vum Déierewuel ëmzesetzen.

ad 2. Den Här Minister ass sech der Problematik vun den, virun allem am Summer, iwwerfüllten Asyler bewusst. Nei Asyler kënnen déi aktuell Situatioun entspannen, wäerten awer keng laangfristeg Léisung sinn, fir den Afflux an d'Asyler ze stoppen. Eng gewëssen Eegeverantwortung vun de Bierger ass noutwenneg, fir de Problem léisen ze kënnen.

ad 3. De Landwirtschaftsministère ass bereet, Demandé fir een neien Asyl hei am Land ze ënnerstëtzen, sou wéi dat och an der Vergaangenheet ëmmer de Fall war.

#### Augmentation des bénéfices des groupes pétroliers | Question 6576 (29/07/2022) de M. Mars Di Bartolomeo | Mme Cécile Hemmen (LSAP)

Les géants pétroliers viennent d'annoncer des bénéfices records pour le deuxième trimestre de 2022, ceci suite à l'envolée des prix des hydrocarbures depuis l'invasion russe en Ukraine. Ainsi, certaines de ces firmes voient leurs bénéfices doublés et pour certaines même

quintuplés. Alors qu'une partie de ces bénéfices est utilisée pour l'achat de leurs propres actions, une autre partie est versée aux actionnaires des différents groupes. Le plus grand groupe pétrolier français vient quant à lui de décider d'une ristourne de 20 centimes sur les prix des carburants accordée à ses clients en France.

Suite à ces bénéfices trimestriels plantureux dus à ce drame humain qu'est la guerre en Ukraine, nous aimerions savoir de la part de Madame la Ministre des Finances et de Monsieur le Ministre de l'Énergie comment se présente la situation en matière de bénéfices des groupes pétroliers au Luxembourg.

– Quel est l'ordre de grandeur des impôts que paient les groupes pétroliers présents au Luxembourg ?

– Le Gouvernement a-t-il engagé des pourparlers avec ces groupes en vue de concéder des ristournes aux clients touchés par l'explosion des prix des produits pétroliers ?

– Quelle est l'attitude du Gouvernement face à ces superprofits contrastant singulièrement avec les malheurs causés par la guerre en Ukraine ?

#### Réponse (31/08/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

Les honorables Députés font référence aux bénéfices records annoncés par les « géants pétroliers » pour le deuxième trimestre de 2022, ceci depuis l'invasion russe en Ukraine.

Le tableau repris ci-dessous regroupe les différents impôts directs payés par les entreprises qui exercent des activités commerciales classées selon la nomenclature NACE sous le code NACE 46.710 « Commerce de gros de combustibles et de produits annexes » ainsi que sous le code NACE 47.300 « Commerce de détail de carburants en magasin spécialisé ».

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Pour une année budgétaire donnée, plusieurs années d'imposition peuvent être imposées en même temps. Pour les années d'imposition récentes, les chiffres ne peuvent pas être considérés comme définitifs étant donné que les impositions ne sont pas encore toutes établies. En plus, compte tenu de la date de remise des déclarations, les chiffres relatifs à 2022 ne sont pas encore disponibles. De façon plus générale encore, il y a lieu de noter que les « géants pétroliers » tels que visés par les honorables Députés ne sont pas nécessairement établis au Grand-Duché de Luxembourg, et que les chiffres repris au tableau ci-avant, basés sur le code d'activité selon la nomenclature NACE, incluent des entreprises qui n'ont pas de lien capitalistique avec les « géants pétroliers » mentionnés par les honorables Députés.

Par ailleurs, il y a lieu de souligner que le Luxembourg ne dispose pas d'infrastructures pétrolières de taille significative (ports de haute mer, raffineries, dépôts pétroliers internationaux, ...) et qu'aucune activité d'exploration de pétrole brut n'a lieu au Luxembourg. Les succursales des grands groupes pétroliers, qui sont actives au Luxembourg, sont seulement actives dans la distribution de produits pétroliers aux clients finaux et l'exploitation d'infrastructures de distribution (stations-service, dépôts pétroliers intermédiaires, ...). Comme toute autre société active sur le marché luxembourgeois, ces succursales ont été exposées aux conséquences de la crise ukrainienne et leur situation ne peut être comparée à celle des sociétés actives dans le trading et/ou l'exploration de pétrole brut.

Partant, la question du traitement à réserver aux « superprofits » réalisés par les « géants pétroliers » dans

le contexte de l'envolée des prix des hydrocarbures concerne en priorité l'État d'établissement de ces « géants pétroliers ». Dans ce contexte, le Luxembourg ne s'oppose pas à des solutions au niveau européen.

**Application de la loi relative à la protection des animaux** | Question 6580 (29/07/2022) de **Mme Chantal Gary** (déi gréng)

La loi luxembourgeoise sur la protection des animaux est une des législations les plus modernes d'Europe en matière de protection des animaux. Or, récemment certaines associations de protection des animaux ont critiqué que cette loi ne serait pas mise en œuvre de manière adéquate. Selon les associations, l'application de la loi serait contrôlée de manière insuffisante.

De plus, ils notent qu'il y a un manque à combler au niveau des infrastructures pour héberger les animaux saisis, confisqués, voire abandonnés, surtout dans le nord du pays, les refuges existants étant surchargés. Les animaux avec des problèmes comportementaux seraient régulièrement euthanasiés, également en raison du manque d'infrastructures appropriées.

Par ailleurs, la gestion des chats sauvages poserait problème, étant donné que la loi exige leur stérilisation et leur marquage par le biais d'une puce électronique, ce qui représenterait une charge financière non négligeable pour les associations.

Dans ce contexte, je me permets de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Comment Monsieur le Ministre se positionne-t-il par rapport aux doléances exprimées par les associations ? Quels moyens considère-t-il mettre en œuvre afin de renforcer l'application de la loi sur la protection des animaux et de mieux la contrôler ?

2) Quelles mesures additionnelles pourraient être mises en place afin d'améliorer la gestion des chats sauvages, notamment au niveau du financement de la stérilisation et du marquage des chats ? Existe-t-il des coopérations entre le ministère et les communes à cet égard ?

3) Monsieur le Ministre considère-t-il mettre en place un refuge animalier (Gnadenhof) pour les animaux avec des troubles comportementaux qui aujourd'hui sont souvent euthanasiés ?

4) Sachant qu'un bon nombre de personnes s'achètent un animal de compagnie sans considérer les implications d'une telle décision, Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis qu'il faudrait renforcer la sensibilisation sur les responsabilités et coûts liés à l'acquisition d'un animal domestique ?

**Réponse** (30/08/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1) La loi du 27 juin 2018 sur la protection des animaux prévoit toute une série de mesures et de restrictions pour améliorer le bien-être animal au Luxembourg ; ces mesures n'existaient pas auparavant. Chaque jour, des fonctionnaires des différentes administrations sont à l'œuvre pour appliquer la loi dans le respect du bien-être animal.

ad 2) Conformément à l'art. 6 (3) de la loi du 27 juin 2018 sur la protection des animaux, les associations pour la protection des animaux ont la possibilité de se faire agréer par le Ministère de l'Agriculture. Dans ce cadre, elles ont droit, sur demande, à des subventions du Ministère de l'Agriculture qui soutient par ce biais leurs activités. Une coopération entre le ministère et les communes n'existe pas à l'heure actuelle.

ad 3) La situation des animaux présentant des troubles du comportement est plus difficile, voire délicate, car il s'agit souvent d'animaux qui ne sont plus éligibles à l'adoption. Ces animaux doivent donc souvent passer le reste de leur vie dans une structure d'accueil, ce qui peut représenter d'une part un risque pour la sécurité des personnes qui s'occupent des animaux, en fonction des troubles du comportement des animaux concernés, et d'autre part, l'occupation à long terme, voire à très long terme, de places qui empêchent l'accueil d'animaux mieux adaptés à l'adoption. Une certaine responsabilité propre des personnes qui souhaitent acheter ou ont acheté un animal semble donc indispensable pour faire face à cette situation et à l'afflux d'animaux dans les asiles en général, même sans troubles du comportement.

ad 4) Une campagne de sensibilisation serait effectivement un moyen pour informer davantage le public sur l'acquisition d'un animal. Ce sujet pourra être développé lors de la réunion avec les organisations de protection des animaux prévue pour cet automne.

**Offres d'emploi de l'Administration des ponts et chaussées** | Question 6584 (01/08/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Sou wéi et mir zougedroe gouf, gi bei Ponts et Chaussées net méi sämtlech Plaze vu Leit, déi d'Pensioun huelen, nei besat.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi vill Leit an de Joren 2000 bis 2021 bei Ponts et Chaussées an d'Pensioun gaange sinn, wéi vill vun deene Plazen nei ausgeschriwwen goufen a wéi vill dann dovun konnte besat ginn? Kann den Här Minister an deem Zesammenhang preziséieren, ënnert wéi engem Statut (Beamten, Employé public, Salarié) déi jeeweileg Plaze funktionéiert hu respektiv funktionéieren?

2. Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi d'Evolution vum regionale Verdeelungsschlüssel vum Personal bei Ponts et Chaussées iwwert d'Joren 2000 bis 2021 dokumentéiert?

**Réponse** (07/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Déi follgend Zuelen aus der Datebank vun der Personalgestioun vun der Stroossebauverwaltung liwweren en Iwwerbléck betreffend all Agente mat hire jeeweileg Statuten, déi d'Stroossebauverwaltung tëscht 2000 an 2021 verlooss hunn. An dëser Tabell sinn also net nëmmen déi Agenten opgefouert, déi a Pensioun gaange sinn, mee och déi, déi d'Verwaltung aus engem anere Grond verlooss hunn.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 2. Follgend Tabell weist d'Unzuel vun den Agente mat hire jeeweileg Statuten esouwéi och d'Verdeelung vun den Agenten iwwert déi verschidde Sitten/ Servicer vun der Stroossebauverwaltung (Stand 11. August 2022).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

An der Datebank vun der Personalgestioun vun der Stroossebauverwaltung sinn iwwer d'Jore verschidden Donnéeën iwwerschréiw ginn, dat, wann se geännert hunn. Esou ass et haut net méi méiglech, dee vum honorabelen Deputéierte gewëschten Historique opzestellen.

Wat d'Informatiounen ugeet, déi dem honorabelen Deputéierten zougedroe gi sinn, datt bei der Stroossebauverwaltung sämtlech Plaze vu Leit, déi d'Pensioun huelen, net méi nei besat géife ginn, esou kann ech betounen, datt dës Informatiounen net richtig sinn.

D'Stroossebauverwaltung ass engagéiert, all Ofgang esou séier wéi méiglech ze ersetzen. Well d'Missioun vum der Verwaltung ëmmer um Wuesse sinn, beméit si sech, all Joer och am Kader vun de Budgetspropositiounen zousätzlech Posten iwwert den „Numerus clausus“ ze kréien.

Am Fall wou een Agent d'Verwaltung verléisst, gëtt selbstverständlech eng Analys gemaach, ob deen Agent op där Plaz an an där Funktioun muss ersat ginn. Meeschtens ass dat de Fall an da gëtt de Posten och eent zu eent sou schnell wéi méiglech erëm besat. Elo kann et awer och sinn, datt d'Missioun vum deem Service, wou den Agent fortgaangen ass, geännert hunn an oft méi komplex gi sinn. Dann intervenéiert d'Stroossebauverwaltung am Respekt vun deenen entspreche Prozedure bei deenen zoustännegen Instanzen, fir kënnen en Agent mat engem anere Profil, ënner Ëmstänn ënnert engem anere Statut an/oder enger anerer Carrière, anzestellen.

Wann et esou wierkt, wéi wa fräi Plazen net erëm géife besat ginn, da kann dat awer och dohier kommen, dass de Rekrutement laangwierig ass, wat engersäits zum Deel un de Prozeduren hänkt. Esou ass et zum Beispill net ëmmer méiglech, déi noutwenneg Zuel vu Rendez-vous fir den „Examen médical d'embauche“ kuerzfristeg beim Aarbechtsdokter ze kréien.

Op där anerer Säit huet d'Stroossebauverwaltung awer och Problemer, déi néideg Profiller mat deene richtige Kompetenzen ze fannen. Verschidde Posten huet d'Verwaltung bis zu fennefmol missen ausschreiben, bis datt dee passende Kandidat konnt agestallt ginn (richtegen Diplom, néideg Expérience etc.).

**État unitaire en Europe** | Question 6585 (01/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

An der Editioun Nr. 28 vum 9. Juli 2022 vum däitsche Wochemagazine „Der Spiegel“ gouf en Interview vum Här Bausseminister publizéiert, deen hien zesumme mat senger däitscher Amtskollegin Annalena Baerbock ginn huet. An deem Interview huet den Här Bausseminister zu der Iddi vun de Vereenegte Staate vun Europa ënner anerem dat hei ausgesot: „Die EU braucht einen richtigen Präsidenten, einen Premierminister mit einer Regierung, ein Parlament, das Gesetze vorschlagen kann, und einen Senat neben dem Parlament, in dem jedes Land vertreten ist. Die Länder werden weiter bestehen, aber das Budget wird dann in Brüssel beschlossen.“

Esou an änlech federal Virstellung stoungen och am sougenannten europäesche Verfassungsvertrag, deen a Frankräich an an Holland duerch Referendum refuséiert gouf. E gouf dono liicht amendéiert an als Lissabon-Vertrag ageféiert, deen an deenen zwee genannte Länner awer kengem Referendum méi ënnervorf gouf.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Representéiert déi zitéiert Äusserung vum Här Bausseminister d'Positioun vun der Regierung? Wëllt d'Regierung en europäesche Federalstaat?

2. Falls d'Äntwert op d'Fro virdru „jo“ wier, géif d'Regierung dann e Referendum usetzen, fir d'Lëtzebuerger Staatsbürger souverän iwwert dës Fro decidéieren ze loossen?



**Réponse** (31/08/2022) de **M. Jean Asselborn**,  
Ministre des Affaires étrangères et européennes | **M.  
Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État

ad 1. Als Grënnungsmitglied vun der Europäescher  
Unión huet Lëtzebuerg ëmmer aktiv un der Weider-  
entwécklung vun engem gemeinsamen europäesche  
Kader matgeschafft, ganz am Sënn vum Traité iwwert  
d'Europäesch Unión, an deem de Wille vu senger  
Signatairë bekräftegt gëtt, fir de Prozess vun der  
Schaffung vun enger ëmmer méi enger Unión vun  
den europäesche Vëlker weiderzeféieren, och mat  
Bléck op weider Schrëtt, fir d'europäesch Integra-  
tioun virunziedreien.

Esou ass och am Koalitiounsaccord vun der Regie-  
rung ë. a. Folgendes festgehalen: « Le Luxembourg  
a besoin d'une Union européenne (UE) plus forte que  
jamais. Il contribuera à la mise en œuvre de la straté-  
gie globale de l'Union européenne qui permettra à  
l'Union d'être un partenaire fiable et une importante  
source de sécurité et de créer une Europe plus forte :  
un acteur plus uni avec plus d'influence sur la scène  
mondiale, une Europe qui protège les citoyens, et dé-  
fend ses intérêts et ses valeurs. » Donieft ass och Fol-  
gendes virgesinn: « Le Luxembourg poursuivra une  
politique engagée au sein de l'Union européenne qui  
reste le cadre de développement privilégié pour l'ave-  
nir du Grand-Duché. [...] Le Luxembourg est favo-  
rable à la poursuite de la construction européenne.  
Il importe d'améliorer le fonctionnement de l'Union  
européenne. »

D'Regierung weist sech also oppen, wat eng Weider-  
entwécklung vun der EU ugeet, am Interessi vu Lëtze-  
buerg, wéi och vun der EU selwer. Déi konkret Vir-  
stellungen, ewéi dëse Prozess méiglecherweis kéint  
ausgesinn, betreffen eng ganz Rei vu Voleten a ginn  
op verschiddenen Niveaue an op ënnerschiddleche  
Plattformen behandelt. Den Här Aussen- an Europa-  
minister huet am genannten Interview duergeluecht,  
wéi mëttel- bis laangfristeg d'gemeinsam europäesch  
Zukunft kéint ausgesinn, ouni aner Optiounen auszusch-  
léissen. Ugesichts vun de Reflexiounen, déi den  
Ament am Kader vun der Auswärtung vun der Konfe-  
renz iwwer d'Zukunft vun Europa an d'Auslote vu méig-  
leche Perspektiven am Schloss dorunner lafen, ass  
am Ablack keng Approche unique säitens der Regie-  
rung virdefinéiert.

ad 2. D'Regierung ënnersträicht d'Wichtigkeet vun  
enger adäquater Bedeelegung vun de Lëtzebuurger  
Bierger u relevante politesche Prozesser, wéi et och  
am Koalitiounsaccord festgehalen ass: « (...) le débat  
européen avec les citoyens et la société civile sera  
intensifié au Luxembourg, par exemple à travers des  
consultations citoyennes sur des thèmes européens  
choisis, promouvant ainsi le concept de la démocratie  
participative [...] ». Ugesichts dovunner, datt déi  
uschléissend Fro vum honorabelen Deputéierten  
allerdénks hypotheetesch ass, gesäit d'Regierung vun  
enger Äntwert of.

**Conflicts d'intérêts des juges de la Cour euro-  
péenne des droits de l'homme** | Question **6586**  
(01/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** | **M. Roy  
Reding** (ADR)

Net nëmmen an der UNO, mee och am Europarat, a  
speziell um Europäesche Geriichtshaff fir Mënsche-  
rechter (EGMR), hunn NGOen an deene leschte Jore  
massiv un Afloss gewonnen. Dëst beweist ënner ane-  
rem eng Enquête vum franséischen Affekot a Chef  
vun der NGO „European Center for Law and Justice“  
(ECLJ), Grégor Puppink, déi uganks 2020 publizéiert  
gouf an där hir Verizitéit nodréiglech vum Europarat

selwer unerkannt gouf. De Puppink huet nogewisen,  
datt d'„Open Society Foundations“ (OSF) vum ameri-  
kanesch-ungaresche Milliardär George Soros ee méi  
oder manner gewichtegen Afloss op d'Urteeler an  
och op d'Riichternominatiounen um EGMR, dee vum  
Europarat ofhänkt, ausüübt. Den ECLJ huet sech bei  
dëser Enquête op zwee Elementer fokusséiert:

An engem éischte Schrëtt huet den Här Puppink  
sech de CV vun honnert Riichter ugekuckt, déi tëscht  
2009 an 2019 um EGMR gewierkt hunn. Eng detaillé-  
ert Analys vun dëse CVen huet him gewisen, datt eng  
iwwerméissig gross Zuel vu Riichter direkt Verbind-  
unge mat der OSF haten. Siwen NGOen, déi Kontak-  
ter mam Här Soros hunn, hunn an dësem Zäitraum  
jeeweils ee Kandidat aus hire Reien als Riichter um  
EGMR duergesat, dorënner Human Rights Watch  
an Amnesty International. Vun deenen honnert per-  
manente Riichter, déi tëscht 2009 an 2019 um EGMR  
geschafft hunn, haten/hunn der 22 eng direkt Verbind-  
ung zur OSF. Zu deenen 22 geselle sech nach etlech  
aner Riichter, déi eng indirekt, dat kann och heeschen  
eng finanziell Verbindung zur OSF haten/hunn.

An engem zweete Schrëtt huet den Här Puppink  
d'Interessekonflikter ënnersicht, déi entstinn, wann  
eng NGO, déi vum Här Soros ofhängeg ass, dem  
EGMR eng Affär ënnerbreet, déi dann tranchéiert  
gëtt vun engem Riichter, deen der selwechter NGO  
ugehéiert huet. An esou Fäll wier et deontologesch  
gesinn ubruecht, wa sech de Riichter aus der Affär  
géif zeréckzéien. Hien ass awer net dozou verflucht.  
Den Här Puppink huet nogewisen, datt bei esou Fäll,  
jiddfalls tëscht 2009 an 2019, sech de Riichter bal ni  
aus der Affär zeréckgezunn huet, just zwoelfmol an  
zéng Joer! 88-mol koum et zum Broch mam Deontolo-  
gieskodex vun de Riichter, wa vun engem Riichter eng  
Decisioun zugonschte vun enger NGO getraff gouf, fir  
déi hie viru senger Nominatioun geschafft hat.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Regie-  
rung:

1. Wéi positionéiert sech déi Lëtzebuurger Regierung  
zu dësen Enthüllungen?

2. Kann d'Regierung confirméieren, datt de Lëtze-  
buurger Riichter um Europäeschen EGMR (a méig-  
lecherweis säi/seng Virgänger) a kenger Form un eng  
NGO gebonnen ass oder war, déi Afloss um dësem  
mächtege Geriicht ausüübt?

3. Kann d'Regierung nowisen, datt de Lëtzebuurger  
Riichter um EGMR a keng Gerichtsaffär involvéiert  
war, aus där hie sech opgrond vu senger eventueller  
Bindung un eng NGO hätt missen zeréckzéien, fir een  
Interessekonflikt ze vermeiden?

**Réponse** (31/08/2022) de **M. Jean Asselborn**, Minis-  
tre des Affaires étrangères et européennes | **Mme  
Sam Tanson**, Ministre de la Justice

ad 1. D'Lëtzebuurger Regierung hält fest um Prinzip  
vun der Onofhängegkeet vun de Gerichter, deen an  
der Verfassung verankert ass.

Dee Prinzip gëllt souwuel fir déi national Gerichter  
wéi fir déi international Gerichter.

ad 2. an 3. Vu dass den Europäesche Geriichtshaff fir  
Mënscherechter (EGMR) an seng eenzel Riichter onof-  
hängeg sinn, ass et net un der Regierung, sech iwwer  
eventuell Deontologiesproblemer ze äusseren.

Den EGMR huet den 21. Juni 2021 eng Résolution sur  
l'éthique judiciaire ugeholl, an där steet:

« II. Indépendance

Dans l'exercice de leurs fonctions judiciaires, les juges  
sont indépendants de toute institution, organisation  
ou autorité publique nationale ou internationale et de  
toute entité privée. Ils doivent être libres de toute

influence injustifiée, qu'elle soit interne ou externe, di-  
recte ou indirecte. Ils s'abstiennent de toute activité, de  
tout commentaire et de toute association, refusent  
toute instruction et évitent toute situation pouvant être  
interprétée comme nuisant à l'exercice de leurs fonc-  
tions judiciaire ou comme étant de nature à nuire à la  
confiance que le public se doit d'avoir en leur indépen-  
dance.

III. Impartialité

Les juges sont impartiaux et veillent à ce que leur  
impartialité se reflète dans l'exercice de leurs fonctions.  
Ils veillent à éviter tout conflit d'intérêts ainsi que toute  
situation, au sein de la Cour et en dehors de celle-ci,  
qui pourrait raisonnablement être perçue comme  
génératrice d'un conflit d'intérêts. Ils ne participent à  
aucune affaire qui pourrait présenter un intérêt per-  
sonnel pour eux. Ils s'abstiennent de toute activité, de  
tout commentaire et de toute association pouvant être  
interprétés comme étant de nature à nuire à la  
confiance que le public se doit d'avoir en leur impar-  
tialité.

VIII. Activités supplémentaires

Les juges ne peuvent se livrer à des activités supplé-  
mentaires que si elles sont compatibles avec leur de-  
voir d'indépendance et d'impartialité ainsi qu'avec la  
disponibilité requise par une activité exercée à plein  
temps. Conformément à l'article 4 du règlement de la  
Cour, ils déclarent toute activité supplémentaire au  
président de la Cour.

Seules leurs activités d'enseignement, de recherche et  
de publication peuvent être rémunérées. Les deman-  
des de congé pour des missions à caractère judiciaire  
ou autre sont adressées au président de la Cour. »

**Application de la loi relative à la protection des  
animaux** | Question **6593** (02/08/2022) de **M.  
Fernand Kartheiser** | **M. Jeff Engelen** (ADR)

Säit véier Joer huet Lëtzebuerg een neit Déiereschutz-  
gesetz. Laut dësem Gesetz gëllen Déieren net méi als  
Géigestänn, mee als Liewewiesen, déi ënner dem  
Schutz vum Staat stinn. Véier Joer nom Akraaftriede  
vun dësem Gesetz huet sech d'Situatioun vun den  
Déieren zu Lëtzebuerg awer net grondsätzlech verbes-  
sert. D'Déiereschutzorganisatiounen bekloen een akute  
Plazmangel an de véier Déierenasylum vum Land. Hon-  
nerte vu Kazen an Hënn hu keen Ennerdaach a ver-  
breede sech rasant weider, well se net steriliséiert oder  
kastriert sinn.

Besonnenesch während dem Lockdown 2020 hu sech vill  
Leit Hausdéieren ugeschafft, déi se nom Lockdown  
ausgesat oder un d'Déierenasylum ginn hunn. D'Situa-  
tioun gëtt duerch d'Vakanzasaison nach verschlëm-  
mert. Dobäi kënnt, datt ëmmer méi Déieren am  
Internet oder op de soziale Medie verkaf ginn, wat  
vum Gesetz hier verbueden ass. Aus all deene Grënn  
sinn d'Déiereschutzorganisatiounen un d'Grenze vun  
hire Kapazitéit gestouss.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un den Här  
Minister:

1. Ass den Här Minister bereet, zousätzlech finan-  
ziell oder materiell Mëttele bereetstellen, fir et den  
Déiereschutzorganisatiounen ze erlaben, hir wäert-  
voll Aarbecht och weiderhi kënnen ze maachen an  
doduerch d'Déiereschutzgesetz vun 2018 ëmzeset-  
zen?

2. D'Gesetz vun 2018 verbitt den Onlinehandel mat  
Déieren. Wat mécht d'Regierung fir sécherzestellen,  
datt dat Gesetz och agehale gëtt?

3. Wéi steet den Här Minister zur Proposition vun  
den Déiereschutzorganisatiounen, een dréngend

benéidegt Déierenasyl, oder op d'mannst eng Opfaangstatioun fir Déieren am Norde vum Land ze finanzéieren?

4. Gi vum Ministère Sensibiliséierungscampagnen initiéiert, fir d'Déierebesëtzer op hir Flichten opmierksam ze maachen?

5. Gëtt un engem nationale Plang geschafft, fir d'Ëmsetzung vum Déiereschutzgesetz méi effikass duerchzusetzen?

**Réponse** (30/08/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Den Art. 6 (3) vum Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 erméiglecht et den Déiereschutzorganisationen, een Agreement fir hir Aktivitéiten unzefroen. An deem Kader kënnen si dann och eng Demande op finanziell Ënnerstëtzung stellen, soudatt si vum Landwirtschaftsministère duerch Subventionne gehollef kréien.

ad 2. D'Déiereschutzgesetz verbitt de Verkaf vum Honn a Kazen a Geschäfte, op Marchéen an op der Voie publique. Den Internet gehéiert zu kenger vun dese Kategorien, soudatt den Onlinehandel net explizit verbueden ass. Et ass awer wichteg, d'Leit ëmmer erëm drop opmierksam ze maachen, dass de Wee, sech iwwer den Onlinehandel en Déier unzeschaffen, mat enger ganzer Rei Risike verbonden ass.

ad 3. De Landwirtschaftsministère ass bereet, Demandé fir een neien Asyl hei am Land ze ënnerstëtzen, sou wéi dat och an der Vergaangenheet ëmmer de Fall war. All Projet an deem Sënn, deen déi virgeschriwwen Konditiounen erfëllt, gëtt op Demande, wéi bei deene well existéierenden Asylere och, finanziell ënnerstëtzt.

ad 4. Sensibiliséierungscampagnë si sécherlech ee Moyen, fir d'Effentlechkeet nach méi op dee Sujet opmierksam ze maachen. De Ministère erënnert drun, dass hie beim Aféiere vum neien Déiereschutzgesetz eng Sensibiliséierungscampagne via déi verschidde Medie gemaach hat, mee et ass sécher ubruecht, fir hei e Rappel ze maachen.

ad 5. D'Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 gesäit eng ganz Partie Moossnamen a Restriktionen vir, déi et virun dem Gesetz net gouf, mat dem Zil, d'Déiere wuel hei am Land ze verbesseren. D'Aufgab vum Ministère ass et, engersäits d'Gesetzgebung un déi nei wëssenschaftlech Erkenntnisser unzepassen, an dat am Aklang mat der europäescher Gesetzgebung. Anersäits soll de Ministère sech drëm këmmen, dass déi Gesetzgebung respektéiert gëtt, wat duerch d'Kontrolle vun den zoustännegen Verwaltungen geschitt. Et handelt sech hei ëm Routineskontrollen, déi vum europäesche Kontrollreglement a vun der Cross Compliance am Kader vun der europäescher Agrarpolitik virgesi sinn, an awer och ëm Kontrollen, déi op Hand vu Plainté gemaach ginn.

**Élèves sans-papiers** | Question 6595 (02/08/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Am Artikel „Keine Papiere, keine Zukunft“, deen de 25. Juli am „Lëtzeburger Wort“ publizéiert gouf, heescht et, datt zu Esch eng Rei Kanner an d'Schoul ginn, déi genau wéi hir Elteren net iwwert eng legal Openthaltsgeneemegung zu Lëtzebuerg verfügen. Deem zitéierten Artikel no kënnen déi Kanner allerdéngs net un internationale Schoulausfluch deelhuefen. Weider heescht et, datt Schätzunge vu verschiddenen ONGen dovun ausginn, datt sech ronn 600 Leit ouni Pabeieren hei am Land ophalen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Ginn et aktuell Statistiken zu de Persounen, déi sech aktuell ouni Openthaltsgeneemegung géifen am Land ophalen? Wann net, ginn et Schätzungen?

2. Ginn et aktuell Statistiken zu der Unzuel vun „illegale Schüler“, also Schüler, déi keng Openthaltsgeneemegung hunn, am Lëtzeburger Schoulsystem? Wéi deelt sech dës op op d'Grondschoul an op de Lycée? Falls et keng Statistike gëtt, ginn et da Schätzungen?

3. Deelt d'Regierung déi Ausso, datt et zu Esch „ganz vill illegal Schüler“ an der Schoul gëtt, also Schüler, déi keng Openthaltsgeneemegung hunn? Ginn et genee Zuelen oder Schätzungen fir d'Gemeng Esch, respektiv fir aner Gemengen?

4. Aus wéi engem Grond dierfen déi Kanner net u grenzüberschreidenden Ausfluch matmaachen, wuel wëssend, dass si um Territoire vu Lëtzebuerg jo a genee där selwechter Situatioun si wéi um Territoire vun eisen Nopeschlänner, an sech deemno jo näischt un hirer Situatioun ännert, wann si an engem anere Land en Ausfluch maachen?

**Réponse** (05/09/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, Ministre des Affaires étrangères et européennes | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Et sief ënnert anerem op d'Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 4293 vum 17. Mee 2021 verwisen.

ad 2. an 3. Den honorabelen Deputéierten deet wuel domadder, de Begrëff „illegale Schüler“ tëschtent Guillemeten ze setzen, well am Gescht vum Schoulfluchtgesetz vum 6. Februar 2009 gëlle Schüler oder Schülerinnen ouni Openthaltsgeneemegung grad net als „illegale Schüler“: Si wieren am Feeler, wa si zu Lëtzebuerg liewen an net an d'Schoul goe géifen.

Den Artikel 7 vum deem Gesetz bestëmmt: « Tout enfant habitant le Luxembourg âgé de quatre ans révolus avant le premier septembre, doit fréquenter l'école. (...) » Den Text benotzt bewosst dat lapidaart Verb „habiter“, grad ewéi de Virgängertext vum 1912, a keng Tournure mat engem éischter administrativen Charakter ewéi zum Beispill „avoir sa résidence“.

An deem Gescht sinn och d'Datebanke vun de Schüler a Schülerinnen esouwuel am Enseignement fondamental ewéi am Enseignement secondaire gehalen. De Statut vum Kand oder Jugendleche gëtt net erfaasst an ass deemno och net fir d'Schülerschaft vun enger bestëmmter Gemeng oder Stad statistesch ze erschléissen.

ad 4. Fir an een anert Land ze reesen, mussen d'Areeskonditiounen vun dem Land erfëllt sinn. Fir d'Participatioun un engem Schoulausfluch vu Kanner ouni gültig Pabeiere ginn et dobäi speziell Reegelen a Konditiounen, déi all Land selwer festleet.

Wann déi Bedingunge fir dat jeeweilegt Land net erfëllt sinn, kann dat betraffend Kand leider net matmaachen.

**Attachés de presse du Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable** | Question 6597 (02/08/2022) de **M. Roy Reding** (ADR)

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 6442 vun där honorabelen Deputéierter Madamm Diane Aderm schreift d'Regierung, datt sech d'Zuel vun de Plaze vu Leit, déi ënnert dem Statut vum Presseattaché fir d'Regierung schaffen, sech aktuell

op 53,5 beleeft. Am Zäitraum vun 2012 bis 2022 ass d'Zuel vun dese Plazen op verschidde Ministeren och an d'Luucht gaangen, awer néierens sou staark wéi um Ëmweltministère, wou ronn 4 nei Posten entstane sinn. Dobäi kommen 3 nei Posten an der Ëmweltverwaltung.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

– Kann d'Regierung matdeelen, wéi sech deen iwwerproportionalen Ustig vun deene genannte Poste speziell am Ëmweltberäich erkläert? Fir wéi eng Aufgabe sinn déi Leit verantwortlech, déi op deem nämmelechte Posten an anere Ministeren, respektiv Verwaltungen net ufalen?

**Réponse** (10/08/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 6442 vum 2. Juli 2022 vun der honorabelen Deputéierter Diane Aderm gouf ugin, dass de Ministère a seng 3 Verwaltungen säit 2012 7 Leit am Beräich vun der Kommunikatioun agestellt huet. Op en éischte Bléck kéint ee mengen, do wäeren elo 7 Leit an deem Beräich bäikomm. Dës ass awer net esou, ewéi de Bilan, an ETP (emploi temps plein) ausgedréckt, deen och Fortgänge berücksichtegt, weist. Déi eenzel Leit befaassen sech net all exklusiv mat typeschen Attaché-de-presse-Aufgaben:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

OUNI ze wëssen, wéi vill Leit sech an deenen anere genannte Ministeren an hire Verwaltungen virun 2012 scho mat Kommunikatiounsaufgabe befaasst hunn, kann een aus den Zuelen nëmme vun 2012–2022 net schléissen, dass a mengem Ministère a mengem Verwaltungen iwwerproportional vill Leit an der Kommunikatioun agestellt gi wäeren, well mir haten 2012 jo nach guer keng Persoun fir déi Saachen. Well ech net weess, mat wat sech d'Mataarbechter an deenen anere Ministeren beschäftegen, kann ech näischt derzou soen, ob meng Mataarbechter aner Volete vun der Kommunikatioun ewéi d'Mataarbechter an deenen anere Ministeren a Verwaltungen couvréieren.

D'Aufgaben am Ëmweltberäich an an der Kommunikatioun ginn allemol ëmmer méi an ëmmer méi villfälteg a komplex an et ass wichteg, dass se adequat kommunizéiert ginn, notament weinst der Urgence climatique, der Biodiversitéitskris an der Pollutiounsproblematik. Dass et fir d'Sujeten aus mengem Aufgabebereich vill effentlechen Intressen an domadder och e grouse Kommunikatiounsbesoin gëtt, weist jo och déi héich Unzuel vu parlamentareschen Ufroen, déi mir gestallt ginn.

**Travaux routiers sur la N7 à Bissen** | Question 6598 (03/08/2022) de **M. Claude Lamberty** (DP)

Et ginn zënter enger gewësser Zäit Pläng, fir d'N7 um Rouscht nei ze amenagéieren. Sou soll zum Beispill op der Kräizung N7–CR115 e Rond-point gebaut ginn. Ausserdem ass geplangt, nördlech vun där Kräizung eng Stéchstrooss an d'Industriezon vu Bissen ze bauen, duerch déi net just generell eng besser Ubannung vun der Industriezon géif méiglech ginn, mee och de geplangten Datenzenter vu Google matugebonne soll ginn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

– Wéi wäit sinn d'Aarbechten un desen zwee Projete?



– Huet d'Administration des ponts et chaussées well déi néideg Terrainen?

– Wéini sollen d'Bauaarbechten ufänken?

– Wat wieren d'Grënn, firwat et bis elo net virugaangen ass?

**Réponse** (07/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Betreffend déi vum honorabelen Deputéierte gestallte Froen zum Status vun zwee Bauprojeten am Raum vun der Gemeng Biissen kann ech folgend Informatiounen zum Reamenagement vun der N7, dem CR306 an dem CR115 (dëst ass een zesummenhänkende Projet) matdeelen:

De Projet huet eng Gesamtlängt vu ronn 3,7 km verdeelt op d'N7, de CR306 an de CR115, a setzt sech folgendermoossen zesummen:

N7: Hei gëtt d'Nationalstrooss op enger Längt vun 2 km no engem neie Mobilitéitskonzept mat Mëttelinsel an Aarichtunge fir d'aktiv Mobilitéit reamenagéiert. Dobäi kënn d'Transformatioun vun zwou Kräizungen zu jee engem Kreesverkéier, dat op Héicht vum Site „Am Seif“ (Zoufaart zur Kläranlag) an op der Kräizung mat dem CR115 um Rouscht.

Zousätzlech dozou ass d'Installatioun vun zwee neie Busarrëten an d'Realisatioun vun zwee Reewaasser-réckhaltebecken geplangt.

CR306: Laanscht d'Strooss gëtt eng Vëlospist op enger Längt vun 0,9 km tëscht der Kräizung mat der N7 an der neier Limitt vun der Aktivitéitszon „Am Seif“ a Richtung Biissen gebaut.

CR115: Laanscht d'Strooss gëtt op enger Längt vun 0,8 km eng nei „piste mixte“ fir Vëloen a Foussgänger gebaut. Ausserdeem ginn zwee Busarrëten tëscht der Kräizung mat der N7 um Rouscht an dem bestoenden neie Kreesverkéier am Agang vu Biissen reamenagéiert.

De Projet betreffend de Reamenagement vun deenen dräi genannte staatleche Stroosse befënn sech um Niveau vun engem detailléierten Avant-projet.

Wéinst villen neien Andeelungen an Ännerunge bei de Besëtzverhältnissen vun den Terrainen, grad wéi och Entrepreneuren, déi sech laanscht d'N7, dem CR306 an dem CR115 néierloossen oder hire Site ausbauen, ass et leider noutwendeg ginn, de komplette Projet an den entsprecheenden Emprisendossier ze iwwerschaffen.

Den aktualiséierten detailléierten Avant-projet mat sengem Emprisendossier sti kuerz virdrun, fäerdeggestallt ze ginn.

Fir déi schonn accordéiert Geneemegung vun der Waasserverwaltung gëtt eng Modifikatioun ugefrot an déi nach oppen Demande fir den Erhalt vun enger Ëmweltgeneemegung gëtt och dem aktualiséierten detailléierten Avant-projet ugepasst.

Éischt Compromis fir de Kaf vun den néidegen Terrainen goufe scho vum Finanzministère gemaach an den Dossier wäert deemno op Basis vun dem adaptéierte Projet weidergefuert ginn.

Wat déi vum honorabelen Deputéierte beschriwwe Verspéidung vum Projet ubelaangt, kann nach gesot ginn, dass bis elo nach déi leschten Detailer zu de Versuerungsleitungen vum geplangten Datenzenter ze kläre sinn. Soulaang dës Informatiounen net virleien, kann de Soumissiounsossier net am Detail ausgeschafft ginn. Doduerch kënnen och keng Datumer fir d'Ausschreiwung vum Dossier an den Ufank vun de Bauaarbechten genannt ginn.

Betreffend den Amenagement vun der Stéchstrooss an d'Industriezon „Klengbousbiert“ kann ech folgendes matdeelen:

D'Stéchstrooss huet eng Längt vun 0,7 km a verbënn d'N7, am Ausgang vum Rouscht a Richtung Colmerbiert, mëttels engem Kreesverkéier mat der bestoender Industriezon „Klengbousbiert“ zu Biissen. Den Accès vum Site vum geplangten Datenzenter gëtt duerch eng Kräizung vun der Stéchstrooss ausgoend realiséiert.

De Projet setzt sech zesummen aus 660 m Strooss mat der Installatioun vun enger béidsäiteger „piste mixte“ an enger 40 m laanger Bréck iwwer d'Rädelbaach, souwéi och zwee Reewaasserréckhaltebecken.

Och hei befënn sech de Projet um Niveau vun engem detailléierten Avant-projet. D'Geneemegung vun der Waasserverwaltung läit vir, d'Ëmweltgeneemegung ass ugefrot an déi néideg Terrainen fir de Bau vun dëser Strooss si schonns kaf ginn.

Wéi och beim Projet op der N7 mussen och bei dësem Projet duerch den Ënnerbau vun der Strooss an duerch, respektiv laanscht d'Bréck zousätzlech zu de gängege Versuerungs- an Ofwaasserleitungen och déi fir de Betrib vum geplangten Datenzenter gefuerderten zweemol 220 kV Héichspannungsleitungen an eventuell Leitunge fir de Killsystem geluecht ginn.

Zemools fir de Volet vun der Bréck präzis ze plangen, muss genau gewosst sinn, wéi eng spezifesch Leitungen, Kabelen, Réier etc. fir de geplangten Datenzenter a Betrib ze setzen, noutwendeg sinn.

Am Abléck kann de Soumissiounsossier fir d'Stéchstrooss net am Detail finaliséiert ginn, bis dës Detailer gekläert sinn. Deemno kënnen hei och keng Datumer fir d'Ausschreiwung an den Ufank vun den Aarbechten genannt ginn.

#### Installation de centrales photovoltaïques | Question 6599 (03/08/2022) de **M. Gilles Roth** (CSV)

Afin de stimuler la production de l'énergie solaire au Luxembourg, le Gouvernement a lancé plusieurs appels d'offres pour l'installation de centrales photovoltaïques, les lauréats pouvant bénéficier entre autres d'un contrat de prime de marché pour l'injection de l'électricité produite.

Au-delà de la procédure d'adjudication proprement dite, des questions se posent en rapport avec les autorisations requises, surtout lorsque les sites devant accueillir les panneaux photovoltaïques se trouvent en zone verte.

C'est ainsi que je souhaiterais poser les questions suivantes à Madame le Ministre de l'Environnement :

1) Sur quelle base Madame le Ministre accorde-t-elle les autorisations requises ?

2) Est-ce que de l'avis du Gouvernement, un parc photovoltaïque répond au critère de l'utilité publique tel que prévu par la loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles, s'il est exploité par une entreprise privée à des fins commerciales ?

3) Quelles sont les autres conditions préalables devant, le cas échéant, être satisfaites avant l'obtention des autorisations requises ?

4) Une autorisation de construire des autorités communales est-elle également nécessaire ?

**Réponse** (19/08/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1) En ce qui concerne spécifiquement l'aspect de la zone verte, une autorisation pour une installation

de panneaux photovoltaïques trouve sa base légale à l'article 6 paragraphe (3) de la loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles. Le cas échéant, une autorisation est également requise au titre de la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau ou au titre de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés. À savoir qu'en matière d'établissements classés, les panneaux eux-mêmes ne sont pas soumis à autorisation tandis que d'autres éléments d'une centrale (p. ex. transformateur) peuvent être soumis à autorisation et qu'une autorisation est requise si l'installation d'une centrale photovoltaïque sur un établissement classé est à considérer comme une modification au sens de cette législation. Les installations photovoltaïques elles-mêmes relèvent de la classe 4 en matière d'établissements classés, un règlement grand-ducal y relatif n'a pas encore été publié.

ad 2) La question telle qu'elle a été formulée par l'honorable Député et ayant trait au caractère d'utilité publique ou non d'un parc photovoltaïque ne se pose pas, alors que l'article 6 précité prévoit explicitement que « (...) les installations d'énergies renouvelables peuvent être érigées en zone verte (...) ».

ad 3) Au cas où un projet est soumis aux dispositions de la loi modifiée du 15 mai 2018 relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement, une autorisation au titre des lois indiquées dans la réponse à la première question ne peut être émise que lorsque, lors de la vérification préliminaire visée en son article 4, il a été conclu qu'une évaluation des incidences sur l'environnement n'est pas requise ou que la conclusion motivée visée en son article 10 est disponible.

Les conditions devant être remplies pour l'obtention d'une autorisation sont celles respectant les objectifs et dispositions des lois indiquées dans la réponse à la première question. Comme il n'y a ni centrale photovoltaïque-type, ni emplacement-type, ni alentours-type, les impacts de divers projets varient en fonction de ces trois paramètres. Ainsi, une appréciation cas par cas et une fixation des conditions d'implantation ou d'exploitation en fonction des spécificités de chaque projet est nécessaire afin de garantir le respect des objectifs des lois précitées. Ce principe d'appréciation est d'ailleurs préférable à la fixation de règles rigides qui devraient s'orienter au projet le moins favorable au vu de ses impacts environnementaux et écarteraient ainsi d'office certains sites potentiels pour l'installation de centrales photovoltaïques.

ad 4) L'honorable Député-maire n'est certainement pas sans savoir que l'octroi des autorisations de construire ne relève pas des compétences du ministre chargé de la protection de la nature, mais exclusivement de celles du bourgmestre de la commune concernée. La loi précitée du 18 juillet 2018 ne contient d'ailleurs aucune disposition qui ferait référence à une autorisation de construire telle que prévue par l'article 37 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.

#### Plaques d'immatriculation personnalisées | Question 6603 (04/08/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Zu Lëtzebuerg ass et méiglech, fir een Oppräis eng personaliséiert Placknummer ze kréien. Laut mengen Informatiounen kann een déi Placken awer just bei enger Neumeldung vum Auto mat umelle loosser. An der Äntwert op d'Fro N° 6347 schreift de Minister allerdings: „Soulaang de Proprietär vum Gefier seng Plack net ännert...“

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Ass et net méiglech, seng Placken duerch eng personaliséiert Plack zu all Moment ze ersetzen? Wa jo, firwat ass dat esou?

2. Existéiert fir déi véierstellig Placken eng Waardelëscht oder Änlech? Ginn et hei Krittären, no deenen ee kann an der Waardelëscht opsteigen?

3. Wéi vill fënnestelleg personaliséiert Placke sinn nach disponibel?

4. Wéi vill Gefierer vum Baujoer bis 31. Dezember 1974 mat fënnestellegen Nummereplacke sinn aktuell ugemellt?

5. Wéi vill Gefierer vum Baujoer nom 1. Januar 1975 mat fënnestellegen Nummereplacke sinn aktuell ugemellt?

6. Wéi vill personaliséiert Nummereplacke vu fënnf Zuele besëtzen déi fënnf Persounen, Firmen etc., déi am meeschte personaliséiert Nummereplacke besëtzen (ugemellt an temporär ofgemellt)?

7. Envisagéiert de Minister, nei Formater u personaliséierten Nummereplacken (zum Beispill mat eegem Numm drop)? Falls nee, firwat net?

8. Zanter wéini ginn et personaliséiert Nummereplacken?

**Réponse** (06/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Grondsätzlech kritt all Gefier bei senger Umeldung eng eendeitig Nummer aus der sougenannter „série courante“ zougewisen a gëtt domadder fir d'Notzung op den ëffentleche Stroossen identifizéiert. Dës Nummer bleift, konform zum Artikel 23 vum Règlement grand-ducal modifié du 26 janvier 2016 relatif à la réception et l'immatriculation des véhicules routiers op dem Gefier attribuëiert, bis datt dës Gefier endgültig aus der Zirkulatioun geholl gëtt. Dës ass als generelle Prinzip vum der Attributioun vun Immatriculationsnummern ze gesinn.

Am Fall, wou eng Persoun allerdéngs eng personaliséiert Nummer ufreet, kann dës Persoun no deem Datum, wou se den Accord vum der SNCA kritt huet, fir dës Nummer kennen ze notzen, dräi Joer laang dës Placknummer fir eng Immatriculatioun vum engem Gefier gebrauchen. Gëtt ee Gefier op Basis vum esou eng personaliséierter Nummer ugemellt, esou bleift dës am Fall vum der Ofmeldung net um Auto attribuëiert, mee dës Placknummer fällt erëm fir dräi Joer an de sougenannte „garde plaque“ vum der jeeuweileg Persoun, déi dës Nummer fir eng weider Immatriculatioun notze kann.

Deemno muss ee kloer tëschen dësen zwee Systemer ënnerscheeden. Am generelle System ass d'Plack op d'Gefier attribuëiert a bleift iwwer d'Notzungsdauer, oder esoulaang dës Gefier net op Basis vum eng personaliséierter Nummer ugemellt gëtt, op dem Gefier attribuëiert. Am Fall vum eng personaliséierter Placknummer fällt dës no all Ofmeldung vum engem Gefier fir dräi Joer zeréck bei den ale Proprietär oder Detenteur vum Gefier.

Een einfache Wiessel vum eng Placknummer op engem immatrikuléierte Gefier ass net méiglech an ëmmer un eng Umeldung vum engem Gefier gebonnen. Dës aus deem einfache Grond, datt ee Gefier, wéi am generelle Prinzip och virgesinn, soll eendeitig iwwer seng Notzungsdauer identifizierbar sinn an net zu all Moment seng Identifikatioun ka geännert ginn, just well de Besëtzer eng aner Placknummer wëllt op sengem Gefier hunn. Dësen Zäitraum vum der Identifikatioun ass bei der Notzung

vum eng personaliséierter Placknummer op d'Zäit limitéiert, wou den Auto op déi jeeuweileg Persoun ugemellt ass.

An dësem Zesummenhang bleift allerdéngs ze ënnersträichen, datt de Prinzip vum Plackewiessel allerdéngs fir Placknummern, déi nom ale Format ausgestallt goufen, zu all Moment ouni eng Ofmeldung vum Gefier méiglech ass, woubäi de Proprietär oder Detenteur an deem Fall muss een neien Immatriculationszertifikat ufroen. Dës ass iwwer eng spezifesch Iwwergangsbestëmmung aus dem uewen ernimmte Règlement méiglech.

Och am Zesummenhang mat véierstelligen a fënnestellegen Placken, déi grondsätzlech als personaliséiert Placknummern unzugesinn, gëllt dës Prinzip, woubäi laut dem uewen genannte groussherzogleche Règlement dës Placken, wann d'Nofro ze grous ass, an der Reiefolleg verdeelt ginn, wéi d'Ufro bei der SNCA erakommen. Tatsächlech ass et esou, datt, wéi och am Interview vum 27. Juli 2022 mat dem RTL „Sécherheitsrisiko bei Nummerscheldéi kéint geschwé behuue ginn“ präziséiert, bei de véierstelligen Placken eng gréisser Waardelëscht existéiert.

Aktuell sinn all véierstellig Placke verginn a ronn 4.500 Leit stinn op der Waardelëscht, fir esou eng Nummer ze kréien. Dës Placknummere ginn a Funktioun vum de Placken, déi fräi ginn, un d'Leit op der Waardelëscht verginn, woubäi am Joer ronn 185 Placknummern nei attribuëiert ginn.

Bei de fënnestellegen Placken ass d'Disponibilitéit méi grous an et huet nach keng Waardelëscht misen opgesat ginn. Esou waren op den Datum vum 11. August 2022 nach 23.006 Placke fräi, woubäi 6.874 Placken op Gefierer attribuëiert waren, déi virum 31. Dezember 1974 ugemellt goufen, an 39.125 op Gefierer, déi no dem 1. Januar 1975 ugemellt goufen. Zousätzlech dozou sinn aktuell 20.995 fënnestelleg Nummere vu Persounen reservéiert an net op engem Auto genotzt.

Wat d'Opdeelung vum der gréisster Unzuel vu Gefierer, déi mat eng fënnestelleger Plack ugemellt sinn, ugeet, esou ka festgehalen ginn, datt déi Matricule mat der gréisster Unzuel 255 Gefierer ugemellt huet. Zesummen hunn déi fënnf Matricule mat der gréisster Unzuel vu fënnestellegen Placke 629 Gefierer ugemellt.

Och wa vill Leit sech fir véierstellig Placken interesséieren, ass et net geplangt, aner Formater vum Zuelen- a Buschtawekombinatiounen wéi déi aktuell bekannten anzeféieren. Et si genuch Placke mat sämtleche Kombinatiounen disponibel an dowéinst si komplett personaliséiert Placken net virgesinn. Dës och, well de Verwaltungspowand daitlech méi grous wäert si mat esou Placken. Eleng Filtersoftware fir ze vermeiden, datt Placken an den Ëmlaf kommen, déi diffaméierend kéinte sinn, wier, bedéngt duerch déi grous kulturell Diversitéit am Grand-Duché, schwéier ëmsetzbar a géif eng kontinuierlecher Aktualiséierung ënnerleien, déi mat héijem Opwand verbonne wier.

**Trafic de plaques d'immatriculation personnalisées** | Question 6604 (04/08/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Wéi de Mobilitätsminister op meng Fro N° 6347 erkläert huet, gëtt et eng Rei verschidden Nummereplacken, déi zu Lëtzebuerg nach an Ëmlaf sinn. Dës solle lues awer sécher aus dem Verkéier gezu ginn, wéi de Minister schreift:

„Zousätzlech kënnt derbäi, datt een Transfert vu Placken, virum allem vum engem Proprietär op een aneren, ëmmer de Risiko mat sech bréngt, datt mat dësen eelere Placken oder och den neie Placken, bei deene verschiddene Buschtawen- an Zuelekombinatiounen deelweis staark nogefrot sinn, och Handel bedriwwen gëtt.“

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass mat kenger Autosplack sollt Handel bedriwwen ginn?

Wa jo, op wéi eng Manéier stellt de Minister sécher, datt keen Handel bedriwwen gëtt mat de véierstelligen personaliséierte Placken, respektiv de fënnestellegen personaliséierte Placken?

2. Firwat geet den Här Minister dovun aus, dass Handel mat de Placke bedriwwen gëtt?

Sinn dem Minister Fäll vum Handel mat Placke bekannt?

**Réponse** (06/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Grondsätzlech soll vermeit ginn, datt iergendwelchen Handel mat Placknummere kéint bedriwwen ginn. Aus dësem Grond ass déi national Reglementatioun och relativ strikt doranner, wéi Placke kënne vum eng Persoun op eng aner Persoun transferéiert ginn.

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 6603 beäntwert, ginn et zwou Zorte vu Placknummern. Déi Placknummern, déi aus der sougenannter „série courante“ kommen an déi personaliséiert Placknummern, déi vum eng Persoun no hirem perséinleche Choix ugefrot goufen. Oft ass et esou, datt besonnesch bei personaliséierten Nummern, wourenner och déi véier- a fënnestelleg Placknummere falen, vill Demandé virleien. Eng besonnesch grous Nofro besteet tatsächlech fir véierstelligen Nummern, wat sech duerch eng grous Waardelëscht manifestéiert. Fir hei sämtlech Tentativ vum engem Handel vu Placknummern, ze ënnerbannen, gesäit d'Gesetzgebung verschidden Dispositiounen vir.

Prinzipiell kann eng Persoun vum eng personaliséierter Placknummer beim Verkaf respektiv beim Ofmelle vum engem Gefier op hir perséinlech Placknummer verzichten an et esou dem neie Besëtzer erméiglechen, d'Gefier mat dëser Placknummer nees ze immatrikuléieren. Mécht den ale Besëtzer dës net, fällt déi Placknummer fir dräi Joer a säi sougenannte „garde plaque“ a kann da benotzt ginn, fir een aner Gefier op Basis vum dëser Nummer unzemellen.

Bei de véierstelligen Nummern, wou déi beschriwwen laang Waardelëscht besteet, verhält sech dat anescht. Esou kann eng Placknummer net einfach vum eng Persoun op eng aner iwwerdreie ginn, andeems op déi Nummer beim Ofmelle vum Gefier verzicht gëtt. Dës véierstellig Placknummer géif am Fall vum engem Verzicht automatesch un déi éischt Persoun vum der Waardelëscht goen. Domadder soll séchergestallt ginn, datt d'Distributioun vum de véierstelligen Placknummern, déi am meeschte gefrot sinn a just an eng klenger Quantitéit disponibel sinn, eenheetlech erfollegt.

Et sief awer ze betounen, datt et zu dëser Prozedur eng Ausnam gëtt. Am Fall vum Verscheede vum eng Persoun, déi ee Gefier mat eng véierstelligen Plack op sech ugemellt hat oder och mat eng aner personaliséierter Placknummer, kann den Ierwe vum Gefier d'Placknummer mat iwwerhuelen an den Auto mat dëser Placknummer umellen. Dës Prinzip applizéiert sech och beim Kaf vum engem



Oldtimer, wann den ale Proprietär op seng véierstelleg Plack verzicht.

**Ancien régime de numéros de plaques | Question 6605 (04/08/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)**

De Mobilitéitsminister huet mir op meng parlamentaresch Fro N° 6347 geäntwert, dass d'Placken aus dem „ancien régime de numéros de plaques“ missten ersat ginn, fir dass „nëmmen nach déi gültig Formater am Ëmlaf bleiwen, déi och den europäeschen Dimensionen entsprechen.“

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Sinn d'Placken aus dem „ancien régime de numéros de plaques“, déi aktuell am Ëmlaf sinn, konform zu europäeschem Recht?
2. Wäert de Minister et an Zukunft méiglech maachen, fir eng Plack aus dem „ancien régime de numéros de plaques“ ze halen, falls den Auto virum 1. Juli 2003 eng éischte Kéier ugemellt ginn ass? Wann nee, firwat net?
3. Envisagéiert de Minister d'Aféiere vun enger Prozedur, déi et géif erlaben, fir eng Plack aus dem „ancien régime de numéros de plaques“ ze verierwen? Wann net, firwat net?
4. Aus wéi engem Joer datéiert déi eelsten Nummereplack aus dem „ancien régime de numéros de plaques“, déi aktuell nach am Ëmlaf ass (ugemellt an temporär ofgemellt)?
5. Firwat léisst de Minister keng Zuelen a Buschtawekombinatioun nom „ancien régime de numéros de plaques“ zou – och wann een d'Dimensiounen vun der Plack un haiteg Standarde géif upassen?
6. Gedenkt de Minister, d'Placken aus dem „ancien régime“ als personaliséiert, persounbezunne Plack unzekerennen? Wann net, firwat net?
7. Ass laangfristeg ugeduecht, fir d'Zuelen a Buschtawekombinatiounen aus dem „ancien régime de numéros de plaque“ fir d'Plaques spéciales ze notzen?

**Réponse (07/09/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

An deem Zesummenhang ass dorobber ze verweisen, datt Lëtzebuerg, wat d'Format esouwéi de visuellen Aspekt vun der Placke betrëfft, sech op déi international an europäesch Bestëmmungen baséiert. Deemno ass besonnesch op d'Wiener Konventioun vun 1968 iwwert d'Verkéierssecherheet ze verweisen, déi de 25. November 1975 vu Lëtzebuerg ratifizéiert gouf. Des Weidere sinn d'europäesch Reglement 1003/2010, wat bis de 5. Juli 2022 applikabel war a wat den Emplacement vun der hënneschter Plack gereegelt huet, an dat net europäesch Reglement 2021/535, wat zënter dem 5. Juli 2022 applikabel ass an den Emplacement vun der viischter an hënneschter Plack vum Auto reegelt, a schlussendlech d'Reglement 2411/98, an deem Kader ze ernimmen.

D'Annex II vun der Wiener Konventioun definéiert am Punkt zwee, datt eng Placknummer muss am Dag fir een Observateur, deen an der zentraler Achs vum Gefier steet, bei normaler Siicht aus enger Distanz vu 40 m liesbar sinn, ouni datt d'Gefier sech beweegt. Woubäi dës Minimalbestëmmungen fir Placknummere vu Gefierer, déi eng méi kleng Plack mussen kréien, wéi dat fir Motorrieder zum Beispill de Fall ass, kënnen reduzéiert ginn. Setzt een dës Bestëmmungen ëm, esou ass op DIN 1450:2013-04 „Polices de caractères – Lisibilité“ ze verweisen, déi d'Liesbarkeet vun engem Schrëftzeeche festleet. Wann an

dësem Zesummenhang vun enger Sehschärf vum 1 ausgaange gëtt, wat als Standardwäert unzegesinn ass, esou ass eng Liesbarkeet vun engem Schrëftzeechen aus 40 m Distanz bei enger Schrëftgréisst vun 73 mm ginn. Dëse Wäert definéiert deemno d'Gréisst vun de benotzte Schrëftzeechen op enger Plack, woubäi laut dem groussherzogleche Reglement vun 2016 iwwer d'Immatriculatioun vun de Gefierer dëse Wäert op 75 mm festgeluecht gouf, deemno liicht iwwert dem Mindestwäert. Duerch d'Héicht vun de Schrëftzeechen ass indirekt och d'Breet definéiert an esou och déi benéidegt Plaz op der Plack. D'Dimensioun selwer vun der Plack gëtt iwwert d'Homologatiounsbestëmmungen vun den Autoe festgeluecht, well hei all Hiersteller d'Obligatioun huet, eng gewësse Plaz um Auto virzugesinn, fir datt Placken an engem Standardformat kënnen montéiert ginn. Wéi schonn ugedeit, war dëst bis de 5. Juli 2022 just fir hannen definéiert an zënter der Aféierung vun der Reegelung 2021/535 och vir. Duerch dës Bestëmmungen ass och d'Breet op 520 mm vun enger Standardplack definéiert.

Nieft dëse Bestëmmungen gesäit d'Wiener Konventioun och an hirem Artikel 37 vir, datt ee Gefier muss mat engem Ënnerscheedungszechen equipéiert sinn. Nieft der Placknummer muss deemno all Gefier, dat konform am internationale Verkéier benotzt gëtt, mat engem lännerspezifischen Zeeche gekennzeichnet sinn. Laut der internationaler Reglementatioun kann dëst, wéi et och am Grand-Duché virum Aféiere vum neie Plackformat de Fall war, onofhängeg nieft der Placknummer hannen um Gefier ubreucht sinn. Mat dem europäesche Reglement 2411/98 sinn d'Dispositiounen vun der Wiener Konventioun an d'europäesch Bestëmmungen iwwerféiert ginn. Woubäi festzehalen ass, datt dëst Reglement eng grouss Flexibilitéit zougeloo ass. Dëst well net all Member vun der Europäescher Unioun och Vertragspartner vun der Wiener Konventioun vun 1968 ass an d'Europäesch Kommissioun, am Géigesaz zum Accord vun 1958 iwwert d'Homologatioun kee Member vun dëser Konventioun ass. Well awer d'Länner déi Konventioun ënnerschriwwen hunn an dowéinst d'Obligatioun hunn, ee lännerspezifischen Zeechen hannen um Auto ze hunn oder an der Placknummer integréiert ze hunn, huet d'Kommissioun dëst mat dem beschriwwene Reglement harmoniséiert an de Prinzipp vun den europäesche Stärken op bloem Hannergrond an dem lännerspezifischen Lännercode agefouert. Heibäi géllt ze präziséieren, datt d'Reglement net virgesäit, datt déi al Placken ongültig sinn.

Well Lëtzebuerg awer och d'Dispositiounen aus der Wiener Konventioun muss anhalen, ass decidéiert ginn, dëst net Format ze iwwerhuelen. Déi al Formater sinn awer net verbuede ginn, falls een Auto mat esou engem Format equipéiert war, ier dës nei Bestëmmungen a Kraaft getruede sinn. Et ass am Moment och net op nationalem Niveau geplangt, dëst ze änneren, an d'Plackformater mussen just ugepasst ginn, wann d'Gefier ofgemellt gëtt an duerno nees nei ugemellt. Allerdéngs soll et esou sinn, datt lues a lues all d'Placken an dat Standardformat iwwerféiert ginn an esou sämtlech Gefierer eenheetlech gekennzeichnet sinn. Op deem Punkt ass den Artikel 43 vum Reglement vun 2016 och kloer:

« Art. 43

(1) Les véhicules ayant été immatriculés avant le 1<sup>er</sup> juillet 2003 sous un numéro d'immatriculation composé soit de 2 ou de 3 chiffres, soit de 2 chiffres et de 2 lettres, soit d'1 lettre et de 4 chiffres, soit de 2 lettres et de 3 chiffres peuvent continuer à circuler avec ce numéro.

Dans le cas de la transcription d'un véhicule ou dans le cas de la réimmatriculation d'un véhicule suite à la péremption de son certificat d'immatriculation par application des dispositions de l'article 4, paragraphe 8 de la loi précitée du 14 février 1955, ledit véhicule est immatriculé sous un nouveau numéro d'immatriculation qui y est attribué conformément aux dispositions du présent règlement. »

Och wat d'Hale vun engem ale Format ugeet, am Fall wou eng Persoun sollt verscheeden an eng aner Persoun d'Gefier ierft, esou gëtt et hei eng Ausnam mat spezifische Bestëmmungen, déi och an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 6604 méi am Detail beschriwwen goufen. Wann ee Gefier mat enger personaliséierter Plack immatrikuléiert war an eng Persoun dëst Gefier ierft, esou kann d'Gefier, ouni datt d'Plackformat muss geännert ginn, erëm ugemellt ginn. Dëst ass konform zum Artikel 22 vum uewe beschriwwene Reglement vun 2016. Am Fall wou et eng Plack aus der lafender Serie ass, ass eng Upassung un den neie Plackformat allerdéngs néideg, well sech hei d'Plack op d'Gefier bezitt.

Wat déi eelsten nach am Ëmlaf befannent Placknummer ugeet, esou ass et net méiglech, eng Ausso ze maachen, well et vill verschidde Regimenter goufen a verschidde Placken ausgestallt goufen. D'Datebank vun der SNCA saiséiert am Prinzip just d'Datumer vun der Immatriculatioun vun engem Gefier. Also zum Beispill wéini ee Gefier déi éischte Kéier ugemellt gouf, awer net den Datum, ab wéini eng Plack benotzt gouf.

**Limitation de l'acquisition d'immeubles par des « personnes à l'étranger » | Question 6606 (04/08/2022) de M. André Bauler (DP)**

Afin de lutter contre la pénurie de logements, certaines gens proposent de créer un cadre légal limitant l'accès des étrangers, qui ne sont pas ressortissants de l'Union européenne, au marché immobilier. En effet, un cadre similaire existe déjà en Suisse. La loi fédérale sur l'acquisition d'immeubles par des « personnes à l'étranger » (dite « Lex Koller ») a été adoptée le 16 décembre 1983. La loi limite l'acquisition d'immeubles par des personnes venant de l'étranger dans le but de prévenir l'emprise étrangère sur le sol suisse. L'acquisition d'immeubles par des « personnes à l'étranger » est subordonnée, sauf exception, à une autorisation de l'autorité cantonale compétente. Par « personnes à l'étranger », l'on entend en principe les personnes qui n'ont pas leur domicile légalement constitué et effectif en Suisse ou dont la qualité est précisée par la loi.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Justice :

- 1) Madame la Ministre aurait-elle déjà fait étudier l'opportunité d'une éventuelle mise en œuvre d'un tel cadre légal au Luxembourg ? Dans l'affirmative, quelles seraient les conclusions qu'elle tirerait de cette analyse ?
- 2) Dans quelle mesure un tel cadre juridique pourrait-il être conforme à la Constitution luxembourgeoise ?
- 3) De même, une législation du type « Lex Koller » serait-elle pleinement respectueuse des principes du marché unique et des traités de l'Union européenne ?
- 4) Au cas où un tel cadre pourrait être mis en place au Luxembourg, ne serait-il dès lors pas possible de le contourner en créant par exemple des sociétés de personnes ou de capitaux de droit luxembourgeois – appartenant en tout ou en partie à des ressortissants extra-UE – qui investiraient dans des biens immobiliers situés sur notre territoire national ?

**Réponse** (09/08/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

En réponse aux points soulevés par l'honorable Député André Bauler, je tiens à préciser que le Ministère de la Justice n'a pas étudié l'opportunité et a fortiori la faisabilité de mettre en œuvre un cadre légal interdisant l'acquisition d'immeubles par des étrangers, à l'instar de la loi suisse, dite « Lex Koller ».

**Cyberattaque sur le groupe Encevo** | Question **6607** (04/08/2022) de **Mme Octavie Modert** | **M. Marc Spautz** (CSV)

Dans un communiqué de presse daté du 25 juillet 2022, le groupe Encevo informe que :

« ses entités luxembourgeoises Creos (gestionnaire de réseau) et Enovos (fournisseur d'énergie) ont été victimes d'une cyberattaque dans la nuit du 22 au 23 juillet 2022. La cellule de crise du groupe Encevo a été déclenchée immédiatement et la situation est actuellement sous contrôle. Nous sommes en train de réunir tous les éléments nécessaires à la compréhension et à la résolution complète de l'incident. Néanmoins, cette attaque a un impact négatif sur le fonctionnement des portails clients de Creos et d'Enovos. Nous nous excusons auprès de nos clients pour les désagréments et nous faisons au mieux afin de rétablir le service le plus rapidement possible. Creos et Enovos soulignent que la fourniture d'électricité et de gaz ne sont pas touchées et que le service de dépannage est garanti. »

Le 28 juillet 2022, le groupe publie un deuxième communiqué indiquant qu'un certain nombre de données ont été exfiltrées des systèmes informatiques ou rendues inaccessibles par les pirates. Encevo y souligne également que les personnes concernées par une violation de données seraient activement contactées.

D'après un article paru avant-hier sur [lesessentiel.lu](https://www.lesessentiel.lu), le groupe de pirates informatiques, BlackCat, aussi appelé ALPHV aurait revendiqué cette attaque et environ 150 gigabytes de données (180.000 fichiers, i. e. factures, e-mails, contrats, etc.) auraient été dérobées.

Il est utile de rappeler dans ce contexte que le groupe Encevo domine largement le marché de l'électricité « retail » luxembourgeois avec une part de marché de quelque 90 %. Au niveau du gaz pour ménages privés, la part de marché du groupe Encevo est plus réduite avec « seulement » 49,5 % de la part de marché.

Notons également que l'État luxembourgeois est actionnaire du groupe Encevo à hauteur de 28 %. Via la BCEE, POST Luxembourg, la SNCI et la Ville de Luxembourg, l'État contrôle de manière indirecte quelque 75 % des actions du groupe.

Au vu de tout ce qui précède, nous souhaiterions poser les questions suivantes au Gouvernement :

1) Alors que le risque de cyberattaques a augmenté depuis l'invasion russe en Ukraine, le Gouvernement peut-il nous détailler les recommandations adressées par les autorités compétentes (dont l'ANSSI) aux entreprises en général et aux entreprises gérant/exploitant des infrastructures critiques en particulier ?

2) Le Gouvernement peut-il nous confirmer que toutes les autorités compétentes (CNP, ILR, etc.) ont été dûment informées de la cyberattaque dont a été victime le groupe Encevo ?

3) L'information a-t-elle également été dispatchée au niveau européen pour davantage sensibiliser les partenaires européens au risque de cyberattaques ?

4) Le Gouvernement considère-t-il que des cyberattaques puissent mettre à l'arrêt, du moins temporairement, l'approvisionnement en énergie du Luxembourg ?

5) Dans l'affirmative, quelles sont les diligences entreprises par les autorités gouvernementales pour parer à cette éventualité ?

6) La stratégie nationale en matière de sécurité des réseaux et des systèmes d'information est-elle régulièrement mise à jour ?

7) Les plans de sécurité et de continuité de l'activité des infrastructures critiques en général et des secteurs de l'énergie et des technologies de l'information et de la communication en particulier sont-ils toujours à jour et à la hauteur des défis actuels ? Une actualisation de ceux-ci est-elle actuellement en cours ?

8) Le Gouvernement peut-il nous indiquer si le groupe Encevo a effectué toutes les diligences (voir à cet égard e. a. l'article 32 du règlement (UE) 2016/679 du Parlement européen et du Conseil du 27 avril 2016 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données sur la sécurité des traitements) pour éviter faire l'objet d'une telle cyberattaque voire pour en minimiser l'impact sur le réseau de gaz et d'électricité, voire sur ses clients, sachant que d'autres groupes européens du secteur énergétique ont au cours du mois de juillet 2022 déjà fait l'objet d'attaques similaires ?

9) Le Gouvernement peut-il nous confirmer que la CNPD organise, pour une attaque d'une ampleur telle celle dont a fait l'objet le groupe Encevo, une descente sur les lieux pour s'assurer que les mesures prises pour anticiper et contrer d'éventuelles attaques futures soient appropriées ?

10) Le Haut-Commissariat à la protection nationale, l'ANSSI, le CIRCL et le CERT gouvernemental sont-ils associés à l'élaboration et l'implémentation de telles mesures ?

11) Comment s'organise cette coopération concrètement ?

12) Comment le groupe Encevo entend-il faire en sorte que toute personne concernée d'une violation de données à caractère personnel en est informée en temps utile (sachant que le site mis en place par le groupe Encevo dans le contexte de la cyberattaque ne contient actuellement que des généralités dont une foire aux questions) ?

13) Quelle appréciation le Gouvernement porte-t-il sur la composition de l'actionnariat actuel du groupe Encevo sur fond des tensions sino-américaines ?

14) Le Gouvernement dispose-t-il d'informations sur le groupe de pirates informatiques à l'origine de la cyberattaque sur le groupe Encevo ?

15) S'agit-il d'un groupe qui agit pour compte d'un ou de plusieurs État(s) étranger(s) ?

16) Dans l'affirmative, de quel(s) État(s) s'agit-il concrètement ?

17) Le Gouvernement dispose-t-il d'informations sur la hauteur de la rançon exigée par le groupe BlackCat ?

18) Des rançons de ce genre ont-elles également été demandées dans le contexte de cyberattaques similaires (au Luxembourg ou à l'étranger) ?

19) Le Gouvernement juge-t-il probable que le groupe Encevo paie une telle rançon ?

**Réponse** (02/09/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Communications et des Médias | **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Protection des consommateurs

ad 1) En 2019, le Haut-Commissariat à la protection nationale (HCPN) a rédigé un « Guide pour

l'élaboration d'un plan de sécurité et de continuité de l'activité » à destination des opérateurs d'infrastructure critique les invitant à tenir notamment compte du risque cybernétique. Le guide détaille la structure type d'un plan de sécurité et de continuité et propose une méthodologie pour l'élaboration d'un tel.

Suite à l'invasion de l'Ukraine, le HCPN (GOVCERT) a adressé le 2 mars 2022 une note de mise en garde aux opérateurs d'infrastructure critique et entités étatiques. Cette note rappelle les recommandations de base en matière de cybersécurité et renvoie par ailleurs aux recommandations de bonnes pratiques minimales « Boosting your Organisation's Cyber Resilience » élaborées conjointement par l'ENISA et de CERT-EU dans le contexte de la crise.

Le 19 avril 2022 HCPN/GOVCERT a réitéré sa mise en garde.

De son côté, l'Institut luxembourgeois de régulation (ci-après, « ILR » ou l'« Institut ») a décidé d'effectuer une veille renforcée du secteur afin d'identifier le cas échéant et en temps utile une éventuelle indisponibilité majeure d'un ou de plusieurs services essentiels.

À cette fin, l'Institut a, début mars, demandé aux opérateurs de services essentiels de lui fournir des rapports sur l'état actuel de la sécurité des réseaux et systèmes d'information selon les modalités décrites dans ledit courriel. Il a aussi invité les opérateurs de services essentiels étant également propriétaires ou opérateurs d'infrastructures critiques au sens de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'un Haut-Commissariat à la protection nationale de l'informer quelles mesures sont en place ou ont été prises.

Par ailleurs, l'ILR transmet régulièrement aux opérateurs de services essentiels des recommandations ou informations spécifiques concernant les menaces actuelles des différents secteurs (par exemple, des recommandations ou rapports de l'ENISA).

ad 2) Oui, les notifications respectives ont été émises entre le 23 et le 26 juillet 2022 aux autorités suivantes : HCPN/GOVCERT, ILR, CNPD (Commission nationale pour la protection des données).

ad 3) Oui.

Le HCPN/GOVCERT a partagé les indicateurs de compromission (IOC) mis à disposition par Encevo avec sa propre constituante ainsi qu'avec la communauté des CERTs européens (EU CSIRTs Network).

Comme dans le cas en l'espèce il ne s'agit cependant pas d'un « data breach » transnational, la CNPD n'a pas informé ses homologues européens.

En application de l'article 8, paragraphe 6, de la loi NIS, l'ILR a informé de manière préventive les autres États membres concernés. De même, l'ILR a informé les autres opérateurs de services essentiels sur les indicateurs techniques de compromission.

ad 4) En matière de cybersécurité le risque nul ne peut être atteint et l'éventualité d'une cyberattaque risquant de mettre en péril l'approvisionnement en énergie ne peut être complètement écartée.

Une attaque d'une telle envergure serait autrement plus complexe que celle qu'Encevo vient de subir, où « seulement » les opérations/systèmes commerciaux/bureautiques ont été touchés. En effet, pour impacter l'approvisionnement physique en énergie, il faudrait réussir à pénétrer dans l'infrastructure de surveillance des réseaux (ce qui n'a pas été le cas dans l'attaque sur le groupe Encevo).

ad 5) L'ILR procède à la sensibilisation des opérateurs de services essentiels (par exemple, par la conférence NISDUC, par des cyber exercices), partage avec les



opérateurs les recommandations émises par les organisations européennes (Agence de l'Union européenne pour la cybersécurité ; ENISA) et élabore des mesures de sécurité à respecter par les opérateurs.

Les propriétaires ou opérateurs d'infrastructure critique sont tenus d'élaborer un plan de sécurité et de continuité de l'activité qui comporte les mesures de sécurité pour la protection de l'infrastructure critique en tenant compte du risque cyber. Ces mesures sont notamment destinées à améliorer la résilience des infrastructures critiques et leurs capacités de réaction aux incidents.

Le HCPN/GOVCERT propose aux opérateurs d'infrastructure critique des services de prévention (notification et détection de vulnérabilités, alertes de sécurité, détection de fuites d'information et d'identifiants) et de réponse à un incident.

En cas d'attaque cyber d'envergure contre les systèmes d'approvisionnement en énergie (électricité et gaz) et ayant un impact sur l'approvisionnement en énergie, l'action du Gouvernement est définie par les plans d'intervention d'urgence en cas de rupture d'approvisionnement en énergie (« PIU Rupture d'énergie ») et Cyber (« PIU Cyber »).

ad 6) La stratégie nationale en matière de cybersécurité IV couvre la période de 2021 à 2025. Les objectifs stratégiques définis sont génériques et cadrent les priorités du Gouvernement en matière de cybersécurité pour la période de référence. Le plan d'action associée est révisé au sein du Comité de coordination nationale en matière de cyberprévention et de cybersécurité (CIC-CPCS) et adapté en fonction de la situation de la menace cyber et de l'évolution du risque.

ad 7) Les opérateurs d'infrastructure critique sont invités à mettre à jour leurs plans de sécurité et de continuité de l'activité en fonction de l'état de la menace et de l'évolution du risque ainsi qu'à continuellement améliorer la pertinence, l'adéquation et l'efficacité de leur système de gestion de la sécurité et de la continuité d'activité.

Le règlement grand-ducal du 21 février 2018 fixant la structure des plans de sécurité et de continuité de l'activité des infrastructures critiques prévoit qu'« Il est recommandé de procéder périodiquement à une évaluation du plan de sécurité et de continuité de l'activité ou en cas de faits nouveaux justifiant une évaluation en dehors de cette périodicité ».

ad 8) D'après les informations recueillies auprès d'Encevo, le système d'information du groupe Encevo est protégé par des systèmes et des processus de sécurité avancés, complétés par un centre d'opérations de sécurité fonctionnant 24 heures sur 24 et 7 jours sur 7, ainsi que par l'accès à une équipe de réponse aux urgences informatiques. Ces mesures ont permis à Encevo de détecter rapidement l'attaque et de pouvoir réagir rapidement. D'après les informations d'Encevo, le groupe investit constamment dans ses mesures de protection pour réagir à l'évolution rapide des cybermenaces et être en conformité avec les dispositions strictes du RGPD (règlement général sur la protection des données) et de la directive NIS (directive sur la sécurité des réseaux d'information).

L'attaque à laquelle le groupe a été confronté a utilisé un logiciel malveillant sophistiqué spécifiquement conçu, qui n'était pas détectable par un antivirus. La surveillance des systèmes de Encevo a été renforcée, les serveurs restaurés à partir de sauvegardes sûres, la sécurité des plateformes d'accès à distance augmentée et tous les mots de passe furent changés.

Le RGPD, de par son principe de responsabilisation (« accountability »), prévoit que c'est au responsable

de traitement de faire l'analyse de l'incident et de le notifier à l'autorité compétente dans des délais précis. Vu l'envergure et la complexité du cas sous revue, une telle analyse se fait en étapes et peut nécessiter du temps. La CNPD suit les différentes étapes de cette analyse menée par le responsable de traitement. Selon les informations transmises par la CNPD, elle ne pourra avoir une appréciation complète des mesures de diligences prises par le groupe qu'une fois qu'elle aura pu prendre connaissance de l'analyse complète qui est toujours en cours.

ad 9) Il convient de noter que la CNPD peut à tout moment ouvrir une enquête sur la sécurité des traitements si elle le juge approprié et nécessaire. Pour rappel, le RGPD, de par son principe de responsabilisation, impose aux organisations, en tant que responsables du traitement de données à caractère personnel, de s'assurer de la mise en œuvre de mesures de sécurité adaptées aux risques auxquels elles sont confrontées.

ad 10) Non, ce rôle est dévolu à la CNPD et à l'ILR.

ad 11) Pour l'ILR il convient de mentionner l'article 9, paragraphe 3, de la loi NIS qui prévoit que « pour traiter des incidents notifiés donnant lieu à des violations des données à caractère personnel, l'autorité compétente concernée coopère étroitement avec la Commission nationale pour la protection des données et lui transmet les informations en relation avec ces violations ».

ad 12) Encevo a défini un concept de communication en trois phases qui est en ligne avec l'article 34 du RGPD. Cette disposition prévoit que, lorsqu'une violation de données à caractère personnel est susceptible d'engendrer un risque élevé pour les droits et libertés d'une personne physique, le « data controller », donc ici « Encevo Group », pour son propre compte ou celui de ses filiales, communique la violation de données à caractère personnel à la personne concernée dans les meilleurs délais.

Dans un premier temps, des communiqués de presse ont été publiés pour une information à grande échelle et un site, dédié à l'information sur l'évolution du traitement du vol de données, a été mis en place. Le site est actualisé régulièrement avec les informations dont le groupe Encevo dispose.

Dans un deuxième temps, tous les fournisseurs ainsi que tous les employés ont été informés par e-mail de l'attaque.

Dans un troisième temps, un fichier d'analyse reprend l'ensemble des cas identifiés avec une analyse détaillée du risque pour les personnes concernées. Aussitôt que les risques sont identifiés, des courriers individuels sont préparés et envoyés en indiquant les données personnelles en question. Ce courrier contient également les mesures entreprises pour limiter les risques ainsi que des consignes et bonnes pratiques pour limiter les risques. Afin de pouvoir accélérer le processus d'analyse des fichiers, Encevo travaille avec des sociétés externes spécialisées en méthodes et outillage, et reconnues comme expertes dans ce domaine.

Le RGPD prévoit que le responsable de traitement est tenu de faire une analyse de l'incident et des impacts potentiels sur les personnes concernées. Si le risque est jugé élevé, le responsable de traitement a l'obligation de prévenir les personnes concernées de façon individuelle et de façon à ce qu'elles puissent prendre elles-mêmes des dispositions utiles pour se protéger des conséquences potentielles de la violation de données. Si une communication individuelle n'est pas possible (par exemple, impossibilité technique d'effectuer la communication individuelle, impossibilité d'identifier les individus concernés dans un délai court), une

communication publique doit être effectuée dans un premier temps.

ad 13) Le Gouvernement n'entend pas se livrer à des appréciations sur la composition de l'actionnariat d'un groupe.

ad 14) Dans le contexte de la notification et des différents échanges d'information, Encevo a informé les autorités que l'auteur présumé à l'origine de la cyberattaque sur le groupe Encevo serait le groupe de cybercriminels connu sous le nom de « BlackCat ». Le groupe a fait son apparition en novembre 2021 et est supposé être à l'origine de plusieurs cyberattaques de grande envergure en Europe et aux États-Unis au cours des derniers mois.

BlackCat s'attaque à ses victimes en volant et chiffrant leurs données pour ensuite menacer de les publier en cas de non-versement de rançon. Il n'existe pas de profil type des victimes. Le modèle d'affaires criminel du groupe BlackCat est basé sur le principe du « ransomware-as-a-service ». Il s'agit en l'occurrence d'un modèle d'affiliation où les développeurs d'un code malveillant proposent ce dernier, ainsi qu'un ensemble de services associés, sur les marchés cybercriminels à d'autres attaquants. Depuis son apparition fin 2021, BlackCat est activement à la recherche d'affiliés sur des plateformes fréquentées par des cybercriminels qui seraient disposés à déployer leur rançongiciel connu sous l'acronyme « ALPHV ». Si une coopération entre BlackCat et un groupe affilié est établie, il est prévu que le groupe affilié touche 80-90 % de la rançon et le reste revient à BlackCat. En ce qui concerne l'attribution officielle de l'attaque, elle est toujours destinée à BlackCat.

ad 15) L'état actuel des informations disponibles ne permet pas de conclure que le groupe agit pour le compte d'un ou plusieurs État(s) étranger(s).

ad 16) /

ad 17) Oui, mais le Gouvernement ne souhaite pas révéler le montant exact demandé dans le cadre d'une réponse à une question parlementaire en raison de la confidentialité de ce type d'éléments au regard de l'enquête en cours.

ad 18) De telles demandes de rançon sont usuelles lors d'attaques du type ransomware et ont été faites à d'autres victimes, dont notamment récemment aussi deux autres groupes énergétiques (Entega AG, Mainzer Stadtwerke).

ad 19) Tel qu'indiqué sur la page web spécialement mise en ligne sur l'attaque par le groupe Encevo, Encevo n'a pas donné suite à cette demande. C'est d'ailleurs l'avis général des autorités compétentes dans ce genre de situation.

## Réduction de la TVA sur les installations photovoltaïques | Question 6608 (04/08/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Den 22. Juli huet ee Koalitionspartner ugekënnegt, dass eng Reduktioun vun der TVA op d'Photovoltaik kënnt. Mengen Informatiounen no ginn et éischt Clienten, déi elo Zweifel un hirer Commande hunn a léiwer wëlle waarden, bis d'TVA-Reduktioun do ass, fir hir Anlag ze kréien.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministere fir Energie a Finanzen dës Froe stellen:

1. Wéini plangen d'Ministèren, d'Propos vun den 3 % TVA op Photovoltaik an de Ministerrot ze bréngen?

2. Wann ee Client elo een Devis mat 17 % ënnerschreift an deemno wéi och een deementspriedenden

Acompte scho bezuelt huet, kritt en dann déi 3 % automatesch, esoubal d'Gesetzeslag ugepasst ass?

3. Wann dës 3 % TVA da bis applikabel wieren, kënnen d'Leit, déi 17 % TVA bezuelt hunn, réckwierkend vun dësen 3 % profitéieren, also d'Geld vum Staat zrëckkréien? Wa jo, wéi wäit zréck géif dës réckwierkend goen? Wäert d'Regierung d'Reduktioun vun der TVA op 3 % réckwierkend maachen, fir ze verhënneren, dass et zu engem Stau un Demanden an Installatiounen vu Photovoltaikanlagen kënnt, well d'Leit incentivéiert ginn, fir op ee méi bëllege Präis ze waarden?

4. War d'Koalitioun sech bewusst, dass d'Leit duerch d'Ukënnegung vun der TVA-Reduktioun op 3 % incentivéiert ginn, mat der Commande vun enger neier Photovoltaikanlag ze waarden?

5. Ass, zënter der Ukënnegung vun der reduziierter TVA, d'Zuel vun de Commanden an Transaktiounen um Marché vun de Photovoltaikanlagen erofgaangen? Wéi huet sech d'Demande an de leschten zwou Wochen entwéckelt?

6. Sinn d'Ministeren der Meenung, dass doduerch, dass d'Leit elo mat hire Commande waarden, aktuell ze vill Zäit verluer geet?

**Réponse (05/09/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie**

D'Regierung ass amgaangen, d'Afféiere vun engem reduzierten TVA Steuersaz, fir Photovoltaikanlagen ze analyséieren.

Falls esou eng Reduktioun sollt kommen, géif de reduzierte Steuersaz fréistens op den 1. Januar 2023 a Kraaft treden. Et géif och net zu enger retroaktiver Uwendung vun engem méi nidderegen Taux kommen, well dat administrativ fir d'Verwaltung zu extreem vill Opwand féiert.

Am Fall wou e Client eng Photovoltaikanlag bestallt huet an op dës Commande schon en Acompte bezuelt huet, ass den Acompte mam normalen TVA Taux berechent ginn. Sollt op den 1. Januar e méi nidderegen TVA Taux a Kraaft treden an d'Photovoltaikanlag eréischt duerno geliewert an installéiert ginn, da wär um Rescht vum Präis den nidderegen TVA Taux ze bezuelen.

D'Regierung huet keng Indicien, datt d'Zuel vun de Commanden zréckgaangen ass. D'Handwerksbetriber confirméieren eis, datt den Interessi un der Installatioun vun enger Photovoltaikanlag grouss ass an d'Bierger dobäi ganz oft de Stroum, deem se produzéieren, iwwert Autoconsummatioun selwer notze wëllen.

An dësem Zesummenhang ass och drun ze erënneren, datt zu Lëtzebuerg an engem Mount nach ni esou vill Stroum aus Photovoltaik produzéiert ginn ass, wéi am Mount Juli 2022.

.....  
**Repowering éolien | Question 6609 (04/08/2022) de Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)**

Certains parcs éoliens au Luxembourg font actuellement l'objet d'un repowering qui consiste à remplacer des anciennes turbines en fin de vie par de nouvelles turbines plus performantes.

Selon les informations recueillies sur le site de la société Soler, dans trois parcs éoliens exploités par ladite société au nord du pays, les anciennes turbines seraient actuellement remplacées par de nouveaux modèles permettant à la fois de réduire le nombre d'éoliennes et d'augmenter la capacité de production

annuelle d'électricité. Cette approche visant à favoriser des turbines performantes pour augmenter la production d'énergie éolienne est préconisée par le Plan national énergie et climat pour la période 2021-2030.

Le repowering peut cependant représenter un investissement lourd et même trop important pour les petits exploitants locaux ou coopératifs d'éoliennes qui peuvent être contraints de céder leurs infrastructures et leurs emplacements à une société avec plus de ressources au moment où les turbines en service devront être remplacées en fin de vie.

De manière générale, les nouvelles turbines nécessitent un investissement beaucoup plus conséquent que les petites turbines installées il y a 20 ans ce qui risquera de compliquer le développement de coopératives éoliennes.

Partant je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Énergie :

1) Combien d'éoliennes sont actuellement en service sur le territoire luxembourgeois et sur combien de sites/parcs ces dernières se répartissent-elles ?

2) Combien de sociétés exploitent actuellement des éoliennes sur le territoire luxembourgeois ? Monsieur le Ministre peut-il me fournir un relevé des exploitants ventilé par le nombre d'éoliennes et la capacité de production annuelle ?

3) Quelle est la part des éoliennes en service sur le même site, dont la turbine moins performante a été remplacée ?

4) Combien de remplacements d'anciennes turbines par des nouveaux modèles plus performants sont actuellement prévus ou planifiés ?

5) Les investissements liés au repowering sont-ils éligibles à des subventions publiques ? Dans l'affirmative, quel est en moyenne le coût d'un tel investissement et quelle en est la proportion subventionnée ?

6) Monsieur le Ministre est-il en faveur d'une valorisation du rôle de sociétés coopératives dans le secteur de l'énergie éolienne ? Dans l'affirmative, quels instruments de soutien votre ministère met-il ou prévoit-il de mettre à disposition de ce type d'initiatives ?

7) Existe-t-il un cadastre éolien public couvrant l'intégralité du territoire du pays ? Dans la négative, Monsieur le Ministre envisage-t-il l'élaboration d'un tel cadastre pour faciliter et encourager des initiatives citoyennes et coopératives ?

8) Monsieur le Ministre, n'est-il pas d'avis que l'éolien, bien qu'il représente un investissement conséquent, constitue une technologie à développer davantage sur le territoire luxembourgeois, tout en sachant que l'énergie éolienne – exploitée au bon endroit – produit plus d'énergie par euro investi que l'énergie solaire ?

**Réponse (23/08/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie**

ad 1) Fin 2021, 62 éoliennes étaient reliées au réseau sur 15 sites/parcs différents.

ad 2) 14 sociétés exploitent des éoliennes détenues en partie par des sociétés telles que Soler, PW34 ou Oekostroum.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

La production en 2021 s'élevait à 314 GWh pour une puissance installée de 136 MW.

ad 3) Le premier projet de « repowering » date de 2016, où 8 éoliennes ont été remplacées par 2 éoliennes. D'ici la fin 2022, un total de 25 éoliennes auront déjà été « repowered » et 9 éoliennes remplacées.

ad 4) Suivant les informations de la société Soler, le plus grand développeur et exploitant de parcs éoliens au Luxembourg, un « repowering » du parc éolien « Burer Bierg », est prévu dans les 3 à 5 prochaines années. Il est prévu de remplacer 4 éoliennes par 1 ou 2 éoliennes. Un autre projet de « repowering » est prévu sur le site de Derenbach. Le temps d'exploitation moyen d'un parc éolien est d'environ 20 ans.

ad 5) Les projets de « repowering » sont soumis au même cadre réglementaire en matière de subventions que les nouveaux projets, à savoir la loi modifiée du 15 décembre 2017 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement.

Cependant, les investissements dans l'infrastructure sont généralement moins coûteux, vu qu'une partie de l'infrastructure existante peut être réutilisée (p. ex. raccordement au réseau). Cette circonstance est prise en compte lors de la détermination du taux de la subvention.

ad 6) La plupart des sociétés actives dans l'éolien donnent à la fois à la commune d'implantation et à ses habitants l'opportunité d'acquiescer des parts dans la société exploitant le futur parc éolien.

Actuellement, les sociétés civiles et coopératives sont surtout actives dans le domaine du photovoltaïque où les projets sont beaucoup moins complexes et les coûts à préfinancer (p. ex. des études) sont moins importants.

Le ministre est en faveur d'une valorisation des sociétés coopératives dans le secteur de l'énergie et salue que le développement de l'éolien dans le contexte national se fait en règle générale avec la participation citoyenne locale. En outre, le ministère est en train d'analyser les possibilités de prévoir des dispositions légales pour assurer cette participation.

ad 7) Il n'existe pas de cadastre éolien national comme tel est le cas pour le photovoltaïque, ce qui n'empêche pas pour autant la réalisation de parcs éoliens. Il existe par contre un « New European Wind Atlas », un projet ERANET+, financé par la Commission européenne et 9 agences européennes qui procurent un aperçu global sur le potentiel éolien.

ad 8) Il est évident que l'énergie éolienne devra et va être développée davantage au Luxembourg, et le ministère travaille dans ce sens avec tous les acteurs concernés et va accélérer en même temps le développement de l'énergie solaire. Les propositions faites par la Commission européenne dans le cadre du « Fitfor55 » et du « REPowerEU » prévoient une augmentation de la part des énergies renouvelables de 32 % à 40 %, voire 45 %. Les prévisions établies par le PNEC seront revues au printemps 2023, avec comme axe principal pour la production d'électricité, le photovoltaïque et l'éolien.

.....  
**Négociations dans le cadre d'une éventuelle fusion entre la Société européenne des satellites et la compagnie américaine Intelsat | Question 6612 (04/08/2022) de M. Laurent Mosar (CSV)**

Selon un article paru dans le Financial Times d'aujourd'hui, la Société européenne des satellites (SES), dont l'État luxembourgeois détient 33 % du capital social, est en négociation avec la société privée américaine Intelsat afin d'envisager une éventuelle fusion des deux sociétés.

C'est dans ce contexte que je désirerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie :

– Est-ce que Monsieur le Ministre est au courant des négociations entre la Société européenne des satellites et la compagnie américaine Intelsat ?



– Le Gouvernement se prononcerait-il en faveur d'une fusion entre les entreprises susmentionnées ?

– Dans l'affirmative, quels avantages le Gouvernement luxembourgeois attendrait-il d'une fusion avec Intelsat pour la Société européenne des satellites et le secteur des télécommunications au Luxembourg ?

– Est-ce qu'une telle fusion aurait des impacts sur le positionnement stratégique de la Société européenne des satellites ?

**Réponse** (07/09/2022) de **M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

Il n'appartient pas aux actionnaires de la Société européenne des satellites de communiquer sur des sujets qui concernent la société. Pour autant que de besoin, il est renvoyé aux publications de celle-ci.

**Sanctions contre la Russie** | Question **6613** (04/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Säit 2014 bedeelegt Lëtzebuerg sech un enger Rei vun internationale Sanktiounen géint déi russesch Federatioun. Dës goufen aus ënnerschiddlechen Ur-saachen a mat ënnerschiddlechen Ziler geholl an hu sech géint ënnerschiddlech Zilgruppe gericht.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi re-gupperéiert, u wéi enge Sanktiounen géint déi russesch Federatioun Lëtzebuerg sech aktuell bedeelegt, zu wéi engem Datum se a Kraaft getruede sinn, ënnert wéi enger verantwortlecher Organisatioun se mat wéi enger Zilsetzung geholl goufen an op wéi enger recht-lecher Grondlag se berouen? Kann d'Regierung dobäi d'Natur vun der Sanktioun (Reesverbuet, Handelsver-buet, ...), déi jeeweileg Zilgrupp, déi viraussichtlech Dauer souwéi de Revisiounsprozess an d'Modalitéite vun enger méiglecher Decisioun, fir dës Sanktioun nees opzehiewen, preziséieren?

2. Kann d'Regierung am Sënn vun der Fro virdrun och besonnesch op dës Punkten agoen:

- Sanktiounen géint Privatpersounen (sougenannten „Oligarchen“ a Familljemembere vu russesche Politi-ker mat der Ursach vun hirer Sanktionéierung);
- Sanktiounen géint Medien;
- Expulsioun vun Diplomaten;
- Ausschluss vu Russland aus internationalen Organi-satiounen oder Staategruppen (z. B. Europarat oder G7);
- Relatiounen NATO-Russland.

**Réponse** (06/09/2022) de **M. Jean Asselborn**, Minis-tre des Affaires étrangères et européennes | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

ad 1. Restriktiv Moossname ginn an Decisiounen vum Rot vun der Europäescher Unioun iwwer déi gemein-sam Aussen- a Sécherheetspolitik (CFSP) definéiert an ënnert der Form vun EU-Reglementer ëmgesat, déi direkt fir d'EU-Memberstaaten applicabel sinn. D'Ëmsetzung vu Sanktiounen zu Lëtzebuerg ass duerch d'Gesetz vum 19. Dezember 2020 iwwer d'Ëmsetze vu Finanzsanktiounen souwéi d'Gesetz vum 27. Juni 2018 iwwer Exportkontrolle gereegelt.

Sanktiounen géint déi russesch Federatioun, déi 2014 am Kader vun der illegaler Annexioun vun der Krim geholl gi sinn, berouen op de folgenden EU-Regle-menter:

– EU-Reglement 269/2014 betreffend restriktiv Mooss-namen am Bezuch op Handlungen, déi d'territorial

Integritéit, Souveränitéit an Onofhängegkeet vun der Ukrain ënnergruuewen oder menacéieren;

– EU-Reglement 833/2014 betreffend restriktiv Mooss-namen am Hëllef op Handlung vu Russland, déi d'Situatioun an der Ukrain destabiliséieren;

– EU-Reglement 692/2014 betreffend restriktiv Mooss-namen als Äntwert op déi illegal Annexioun vun der Krim a Sevastopol;

– EU-Reglement 208/2014 betreffend restriktiv Mooss-name géint verschidde Persounen an Entitéiten am Hëllef op d'Situatioun an der Ukrain.

Zënter der russescher Aggressioun géint d'Ukrain sinn dës Sanktiounen a bis elo siwe successive Päck verschäerft ginn. Méi spezifesch sinn d'EU-Reglemen-ter 269/2014 an 833/2014 iwwerschaaft ginn. Et ass och nach e spezifesch Regime fir déi zwou besaten Oblasten Donetsk a Luhansk dobäikomm, dee wirt-schaftlech Restriktiounen fir dës Regiounen virgesäit:

– EU-Reglement 263/2022 betreffend restriktiv Mooss-namen als Äntwert op d'Unerkennung vun den net regierungskontrolléierte Gebitter vun den ukrainesche Regiounen Donetsk a Luhansk an den Uerder un d'rus-sesch Arméi, an dës Géigenden anzefalen.

Et handelt sech am EU-Reglement 269/2014 ëm indi-viduell Sanktiounen, déi en Afreiere vum Verméigen an e Reesverbuet virgesinn, souwéi ëm wirtschaftlech Sanktiounen am EU-Reglement 833/2014. Zilgruppe vun individueller Moossname sinn am Artikel 3 vum EU-Reglement 269/2014 festgeluecht.

All restriktiv Moossnamen, déi a Kraaft sinn, gi reegel-méisseg iwwerpréift fir sécherzestellen, dass se weider zum Zil bäidroen, dat se verfolgegen. De Rot vun der Europäescher Unioun kann zu all Ament decidéieren, dës Moossnamen ëmzënnere, ze verlängere oder ze suspendéieren, ofhängeg vun der Entwécklung vun der Situatioun. Déi sanktionéiert Persounen an Entrepreneuren hunn doriwwer eraus d'Méiglechkeet, hir Observatiounen un de Rot ze schécken a sou wéi an allen aneren Sanktiounsregimier och dës virum Euro-päesche Gerichtshaff a Fro ze stellen. Wann Observa-tiounen oder wesentlech nei Elementer presentéiert ginn, iwwerpréift de Rot seng Entscheedung an infor-méiert déi natierlech oder juristesche Persoun deem-entspreechend.

ad 2. Zilgruppe vun individueller Moossnamen, déi vun der EU geholl goufen, sinn am Artikel 3 vum EU-Reglement 269/2014 festgeluecht.

Am Beräich vun de Medien gesäit den Artikel 2 f vum modifizéierten EU-Reglement 833/2014 vir, dass et fir Operateuren verbueden ass, de Contenu vun den designéierte Medien ze iwwerdroen, verbreedere oder verdeelen am Kontext vun der systematescher Manipulatioun vun de Medien duerch déi russesch Federatioun a vun der generaliséierter Desinforma-tionscampagne.

Wat d'Expulsioun vu russeschen Diplomaten betrëfft, gëtt den honorabelen Deputéierten op d'Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'Fro Nummer 6045 vum 8. Abrëll 2022 verweisen.

Déi russesch Aggressioun géint d'Ukrain ass ee Ver-stouss géint dat internationaalt Recht, wat dozou gefouert huet, dass Russland aus verschiddenen inter-nationalen Organisatiounen ausgeschloss gouf (z. B. aus dem UN-Mënscherechtsrot), bezéiungsweis sech selwer aus verschiddenen Organisatiounen zréckge-zunn huet, sou wéi dat de Fall war am Europarat. Russland war Member vum G8, gouf awer no der Annexioun vun der Krim schonn 2014 ausgeschloss. Wat weider international Organisatiounen oder Staate-gruppe betrëfft, befollegt Lëtzebuerg, wéi och déi aner europäesch Länner, eng pragmatesch Approche, déi eng Bewäertung vu Fall zu Fall virgesäit.

No der illegaler Annexioun vun der Krim gouf all militärescher Kooperatioun tëschent der NATO an der russescher Federatioun op Äis geluecht. Am Oktober 2021 huet Russland decidéiert, seng diplomatesch Missioun bei der NATO ze suspendéieren an huet am Géigenzuch verlaangt, dass d'NATO hire Büro zu Moskau zoumécht. Mat sengem illegalen Ugrëffskrich géint d'Ukrain huet Russland géint déi am NATO-Russland-Grondakt verankert Grondsätz verstouss.

**Réforme de la politique agricole commune** | Question **6614** (04/08/2022) de **M. Marc Spautz** (CSV)

Fir d'Biodiversitéit an der Landwirtschaft ze fërderen, soll ab 2023 e Mindestundeel vu 4 % vun der land-wirtschaftlecher Fläch vum Betrib fir net produktiv Flächen a weider Landschaftselementer wéi Brooch-fläche virgesi sinn, fir esou nach vun den Aiden am Kader vun der GAP-Reform ze profitéieren (GLÖZ-Standard 8: Biologische Vielfalt). D'Bauere mussen awer elo schonn d'Saatgut fir dat nächst Joer kafen a beim nächste Reen och schonn d'Wanterkulture séien.

An deem Kontext géif ech gäre folgend Froen un de Landwirtschaftsminister stellen:

1. Wéini kréien d'Bauere matgedeelt, ab wéi engem Datum dee 4 % Mindestundeel un net produktive Flä-chen zielt, bzw. muss ëmgesat ginn?

2. Wat geschitt am Fall, wou d'Kulturen elo geschwé schonn ugeséint ginn, also nach dëst Joer, ier déi nei Reegelung a Kraaft trëtt? Sinn hei Derogatiounen oder aner Mesurë geplangt oder muss de Bauer an deem Fall 2023 ëmplanen?

3. Gedenkt de Minister net, opgrond vun der aktuel-ler Weltlag, déi broochleedend Ackerfläche kuerzfris-teg a fir en definéierten Zäitraum ze notzen? Wann nee, firwat net?

**Réponse** (10/08/2022) de **M. Claude Haagen**, Mi-nistre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Dévelop-pement rural

ad 1. Op Propositioun vum Landwirtschaftsminis-ter huet d'Regierung de 5. August 2022 decidéiert, d'Stilllegungsfläch fir 2023 ënner verschiddene Kon-ditiounen auszusetzen. Dee selwechten Dag ass eng entsprecheend Kommunikatioun gemaach ginn. Eng weider Kommunikatioun betreffend déi technesch Ëmsetzungsmodalitéiten ass den Dënschdeg, den 9. August gemaach ginn.

ad 2. Vu dass d'Modalitéiten iwwert d'Ëmsetzung bekannt sinn, stellt sech dës Fro net.

ad 3. Mat der Decisioun vum 5. August huet d'Regie-rung decidéiert, d'Stilllegungsfläch fir 2023 ënner ver-schiddene Konditiounen auszusetzen. Soumat kënnen déi concernéiert Fläche fir 2023 zur Produktioun vu Liewensmëttel genotzt ginn.

**Arrêt de bus « Rouscht-Luxlait » à Bissen** | Ques-tion **6615** (05/08/2022) de **M. Marc Goergen** (Pira-ten)

Viru Kuerzem gouf de staatleche Busreseau (RGTR) komplett nei organiséiert an opgestallt. D'Ännerun-gen hunn zum Zil, dass den ëffentlechen Transport op der Strooss verbessert an doduerch méi attraktiv gëtt. Wéi genee den Impact op d'Qualitéit vum Bus-reseau ass, wäert een an Zukunft gesinn, wann d'Pas-sagéier um Terrain hir Meenung äusseren. Fest steet, dass bei dëser Reorganisatioun net jiddereen eppes gewanne kann, well op verschiddene Streckendeeler

PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L - 3208 BETTEMBOURG

Linnen ëmgeluecht an op anere Plazen Arrête gestrach goufen.

Eng Kritik, déi mer zougedroe gouf, betrëfft de Busarrêt „Rouscht-Luxlait“ an der Gemeng Biissen. Dëse gouf gestrach an den nächstgeleeenen Arrêt ass elo d'Haltestell „Rouscht“. Wann een um Arrêt „Rouscht“ erausklëmmt a bei d'Luxlait, d'Creos oder aner Betriber an d'Aktivitéitszon wëllt goen, da muss een zirka zwee Kilometer zu Fouss iwwert d'Nationalstrooss „route de Luxembourg“, wou net iwwerall ee befestigten Trottoir disponibel ass, wat op enger Landstrooss zu geféierleche Situatioune féiere kann.

D'Feele vun engem Arrêt oder engem uerdentleche Gehweg oder Vëlospiste benodelegt hei d'Leit, déi op eng douce Mobilitéit wëllen oder müssen zeréckgräifen. Dëst schuet um Enn och de Betriber an de Mataarbechter op dëser Plaz.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Wéi eng Buslinn huet fréier den Arrêt „Rouscht-Luxlait“ zerwéiert?
2. Wäert de Mobilitéitsministère hei fir Verbesserung suergen? Falls jo, wat fir Moossname wäerten hei geholl ginn?
3. Wéi eng Verantwortung entfällt op d'Gemeng Biissen, fir d'Aktivitéitszon besser mam Duerfkär ze verbannen?

**Réponse** (07/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Dësen Arrêt ass vun de Linnen 800 an 810 ugefuer ginn. Dëst ware reng Wierkslinnen, déi net oft gefuer sinn, kee reegelméisseg Takt haten an net am Zesummespill mam Rescht vum Réseau funktionéiert hunn. Säit der Ëmstellung vum RGTR Réseau am Dezember 2021 ass fir den Arrêt „Rouscht-Luxlait“ weeder bei der Administratioun fir den ëffentlechen Transport nach beim Ministère eng Reklamatioun erakomm.

ad 2. Am Kader vum Reamenagement vun der N7 ass op där Plaz d'Konversioun vun der Kräizung an ee Rond-point geplangt. An dësem Kader ass do och ee Busarrêt virgesinn, dee vun der Linn 119 desservéiert wäert ginn. D'Planunge sinn aktuell um Stand vun engem Avant-projet détaillé.

De Ministère fir ëffentlech Bauten a Mobilitéit bitt Betriber a Zonungen ee Service un, fir betrieblech Mobilitéitspläng ze erstellen, am Kader vun esou Pläng ginn déi genau Besoine vun den Entreprises erfaasst a Léisungen ausgeschafft. Aktuell ass keng vun den Entreprises aus dëser Zon un de Ministère erugetrueden, fir esou ee Plang ze lancéieren.

ad 3. Grad ewéi d'Employeuren an d'Bierger selwer, sinn d'Gemengen nieft dem Staat ee vun de véier Schlësselacteurs vun der Mobilitéit. Esou huet d'Gemeng am Kader vun der neier ZAC Klengbousbiert ee separaten, 1,3 km laange Wee vum Arrêt „Bissen Innovation Campus“ bis an de Zoning „Am Seif“ realiséiert. Dësen erlaabt et der RGTR Linn 119, daagsiwwer am Halleftonnentakt an owes am Stonnentakt souwuel d'Gare Ettelbréck, den Zentrum vu Biissen wéi och d'Gare vu Miersch ze verbannen. Fir déi fachlech Begleedung vun esou Initiative kënnen d'Gemengen sech un d'Direction de la planification de la mobilité vu mengem Ministère wenden.

.....  
**Feux de forêt** | Question **6621** (05/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Rezent goufen an Europa Versich gemaach, fir de Militärfleger A400M och bei der Bekämpfung vu Bëschbränn kënnen anzesetzen – mat Erfolleg, wéi sech erausgestallt huet. Den A400M huet sech als effektivt Instrument erweisen, fir am Déiffluch bei niddereger Geschwindigkeit bis zu 20 Tonne Waasser a manner wéi zéng Sekonnen ofzuerwerfen. A Spuenien gouf den A400M mat enger austauschbarer Ausrëschtung, fir Bränn ze bekämpfen, ausgestatt. Besonnesch

interessant ass an deem Kontext och, datt ee keng Ännerungen um Fliger muss virhuelen, fir dës Ausrëschtung ze installéieren.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un den Här Arméisminister:

– Ass den Här Minister bis dato schonn am Bild iwwert déi uewe beschriwwen Bestriewungen, den A400M och bei der Bekämpfung vu Bëschbränn anzesetzen? Wa jo, wéi ass d'Positioun vun der Regierung zu dësem Sujet? Gedenkt d'Regierung, op dee selwechte Wee ze goen, fir den A400M och esou auszerëschten, datt dës fir d'Bekämpfe vu Bëschbränn ka genotzt ginn?

**Réponse** (30/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Défense

Et ass ons bekannt, dass Airbus a Spuenien eng Testcampagne mat engem Roll-on/Roll-off-Läschkit, mat deem een A400M kann ausgerëscht ginn, gemaach huet. Weider Tester sollen nach nokommen. An der Theorie kéint esou ee System fir Länner, déi grouss Bëschflächen hunn an déi och A400M bedreiwen, eng ekonomesch an ekologesch Optioun si bei der Bekämpfung vu Bëschbränn. D'Tester sollen elo feststellen, dass déi Theorie och a Praxis kann ëmgasat ginn.

Mir exploitéieren onsen A400M zesumme mat der Bësch an enger binationaler A400M-Unitéit. Well bis elo weeder op bëlcher nach op lëtzebuergescher Säit ee Besoin fir esou eng Kapazitéit (Ofwurf vun 20 Tonne Waasser innerhalb vun zéng Sekonnen) a well dat Equipement jo och elo eréischt presentéiert gouf, gëtt et am Kader vun der binationaler Unitéit awer am Moment nach keng Diskussiounen iwwert en eventuellt Uschaf vum esou engem Kit.

Well awer bedéngt duerch de Klimawandel Bëschbränn och an eise Breedekreesser zouhuelen, ass net auszuschléissen, dass net awer an Zukunft Iwwerleeungen an déi Richtung ugestouss ginn.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfëlle beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

**PORT PAYÉ**  
**PS/799**



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-04

Nouvelles lois

p. 05-06

Séances publiques n<sup>os</sup> 63-65

p. 06-77

Questions au Gouvernement

p. 77-99

2021-2022

# N° 22

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-04

Nouvelles lois ..... p. 05-06

Séances ..... p. 06-77

63<sup>e</sup> séance du mercredi 29 juin 2022 ..... p. 06-31

64<sup>e</sup> séance du mardi 5 juillet 2022 ..... p. 31-64

65<sup>e</sup> séance du mercredi 6 juillet 2022 ..... p. 65-77

Questions au Gouvernement ..... p. 77-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

17/02/2023

#### Concept et layout :

brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





1<sup>re</sup> partie de session de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe (APCE)

## 2023 – une année charnière pour le Conseil de l'Europe

La nouvelle session de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe (APCE) s'est ouverte le 23 janvier 2023 à Strasbourg. L'occasion, pour le parlementaire néerlandais M. Tiny Kox, qui a été reconduit à la présidence de l'APCE pour un second mandat d'un an, de mettre en exergue dans son discours de réélection le rôle décisif que l'Assemblée jouera en 2023 en la qualifiant d'« Agora européenne la plus pertinente ». La Chambre des Députés y était représentée par le Président et la Vice-Présidente de la délégation luxembourgeoise, M. Gusty Graas et Mme Octavie Modert, par Mme Josée Lorsché, membre effective, ainsi que par Mme Cécile Hemmen, M. Paul Galles et M. Max Hengel, membres suppléants.

Pour la Première Ministre islandaise, Mme Katrín Jakobsdóttir, un mécanisme de responsabilisation sous forme d'un tribunal international spécial pour juger les crimes de guerre commis par la Fédération de Russie devrait être intégré à la déclaration commune qui devra être adoptée lors du 4<sup>e</sup> sommet des chefs d'État et de gouvernement qu'elle présidera à Reykjavik au mois de mai. La Ministre allemande des Affaires étrangères, Mme Annalena Baerbock, quant à elle, a déploré que l'APCE ne s'apparente actuellement qu'à un système d'alerte précoce défaillant. « Le Conseil de l'Europe doit disposer d'outils adéquats et des ressources financières nécessaires pour assumer pleinement son rôle de surveillance lorsque les droits de l'homme sont bafoués », a-t-elle ajouté.

Dans ce contexte, l'APCE a adopté un paquet d'idées sous la forme d'une recommandation qu'elle propose au Comité des Ministres de porter dans la capitale islandaise dans le cadre du sommet susmentionné. En outre, elle exhorte à la création d'un comité en matière de protection du climat, à l'élaboration d'une liste de critères définissant un État démocratique et à une révision du mémorandum de coopération avec l'Union européenne. La pièce maîtresse du rapport demeure toutefois l'instauration d'un Commissaire à la démocratie et à l'État de droit, qui viendrait combler une lacune considérable.



De gauche à droite : Mme Cécile Hemmen, membre suppléante, Mme Octavie Modert, Vice-Présidente de la délégation luxembourgeoise, M. Gusty Graas, Président de la délégation, Mme Josée Lorsché, membre effective, et M. Max Hengel, membre suppléant

Lors d'un débat d'urgence, les parlementaires ont plaidé pour que les actes d'agression de la Russie contre l'Ukraine soient reconnus en droit international en tant que crimes d'agression. Ils ont encouragé la création d'un « mécanisme international d'indemnisation » pour réparer intégralement les dommages causés par cette guerre. Deux autres débats d'actualité ont été menés au Palais de l'Europe, d'une part, sur les conséquences humanitaires du blocus du corridor de Latchine et, d'autre part, au sujet des tensions récentes entre Pristina et Belgrade.

### Qu'en est-il du sort des Bélarusses en exil ?

Une question souvent négligée par la communauté internationale et marginalisée par la guerre en Ukraine est la situation des réfugiés bélarusses. En marge de la session plénière, une réunion de la Commission des migrations, des réfugiés et des personnes déplacées a donné lieu à un échange de vues permettant de se faire une idée de cette situation et des défis communs auxquels les Bélarusses en exil

doivent faire face. M. Paul Galles, nommé rapporteur, a présenté un schéma de rapport et effectuera deux visites de travail en Pologne et en Lituanie dans le cadre de la préparation de son rapport. Ce dernier devrait figurer à l'ordre du jour de la quatrième partie de session en octobre 2023.

### Moldavie – Réformes et défis

La République de Moldavie se trouvant actuellement dans une procédure de suivi complète, les membres de l'APCE ont salué les réformes menées au sein du pays, tout en mettant en évidence les défis encore à relever. Le Président de la délégation luxembourgeoise, M. Gusty Graas, s'est félicité du nouveau code électoral, tout comme de la récente ratification de la Convention d'Istanbul par la Moldavie, soulignant cependant les engagements que le pays doit encore transposer en matière d'ingérence étatique au niveau de la presse. L'élu luxembourgeois est revenu sur le statut de candidat à l'Union européenne dont la Moldavie jouit depuis peu et a remercié les autorités moldaves pour leur coopération dans l'accueil de réfugiés de guerre. Selon M. Graas, il s'agit d'« une preuve d'un rapprochement manifeste et une volonté de s'aligner aux valeurs européennes de paix, de démocratie et de solidarité ».



De gauche à droite : M. Max Hengel, membre suppléant, Mme Octavie Modert, Vice-Présidente de la délégation luxembourgeoise, Mme Cécile Hemmen et M. Paul Galles, membres suppléants

### Qu'est-ce que la procédure de suivi ?

La procédure de suivi de l'APCE consiste à veiller à ce que les États membres du Conseil de l'Europe respectent leurs engagements en matière de démocratie et de droits de l'homme. Elle se décline en quatre points :

- la procédure de suivi complète rapporte des progrès et problèmes des pays ayant récemment adhéré à l'organisation ;
- le dialogue post-suivi est la seconde étape pour les États ayant démontré des progrès en matière de démocratie et de droits de l'homme et qui ne sont suivis que sur des thématiques ponctuelles ;
- tous les autres États membres sont scrutés tour à tour avec des examens périodiques ;
- finalement, des rapports particuliers sur le fonctionnement des institutions démocratiques peuvent être demandés en cas de besoin.



## Réunion des Présidents de la COSAC

# Le Riksdag suédois prend les rênes de la présidence tournante de l'UE

Le Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, M. Yves Cruchten, a participé à la réunion des Présidents de la COSAC (Conférence des organes spécialisés dans les affaires communautaires), qui s'est tenue à Stockholm les 29 et 30 janvier 2023.

Dans son allocution, le Président du Parlement suédois, M. Andreas Norlén, a rappelé que les parlements nationaux sont les piliers de la démocratie et les garants des valeurs européennes, d'où la priorité de la présidence suédoise de soutenir l'Ukraine au niveau économique et militaire.

## Les quatre priorités de la présidence suédoise

Ce rendez-vous a fourni l'occasion au Président de la Commission des Affaires européennes du Parlement suédois, M. Hans Wallmark, de présenter les quatre grandes priorités de la présidence suédoise du Conseil de l'UE pour les six prochains mois : sécurité – unité, compétitivité, transition écologique et transition énergétique, les valeurs démocratiques et l'État de droit. M. Hans Wallmark a aussi attiré l'attention sur la coïncidence du début de la présidence suédoise avec les célébrations des 30 ans de l'établissement du marché unique, l'une des principales réalisations de l'intégration européenne et l'un de ses principaux moteurs. Le parlementaire suédois a dit vouloir veiller à ce que la compétitivité européenne figure en tête des priorités du programme politique de l'Union européenne au cours des six prochains mois.

## Coopération européenne en matière de lutte contre la criminalité organisée

Les parlementaires ont également saisi l'occasion pour discuter avec la Commissaire européenne aux Affaires

intérieures, Mme Ylva Johansson, de la coopération européenne en matière de lutte contre la criminalité organisée. Dans ce contexte, les députés se sont prononcés en faveur d'une meilleure coopération transfrontalière des services de police, des services des douanes et d'autres services répressifs. Certains députés ont appelé à une meilleure protection des frontières européennes extérieures en guise de lutte contre la criminalité organisée. Dans ce contexte, plusieurs parlementaires se sont prononcés en faveur de l'adhésion de la Bulgarie et de la Roumanie à l'espace Schengen.

D'autres thématiques soulevées au cours des débats étaient le risque particulièrement élevé des femmes et des enfants d'être exposés à la traite des êtres humains ou encore l'accès rapide à l'information pour lutter contre toutes les formes de criminalité organisée et garantir en même temps le respect des droits fondamentaux et la protection des données des citoyens. Plusieurs parlementaires ont également souligné la nécessité d'adapter la législation européenne pour mieux lutter contre la cybercriminalité et la fraude en ligne.



Les présidents des commissions parlementaires dédiées aux affaires européennes réunis au Riksdag

## Le cortège de la Saint-Valentin est passé à la Chambre

# Des fleurs et des revendications pour les élus

À deux semaines de la Saint-Valentin, le cortège de la Fédération horticole luxembourgeoise (FHL) est passé à la Chambre des Députés le 3 février 2023. Le

rendez-vous traditionnel avait été annulé ces deux dernières années en raison de la crise sanitaire. Les jardiniers et fleuristes ont été reçus par le Président

de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, ainsi que des membres du Bureau et de la Conférence des Présidents. Dans ses mots de bienvenue, M. Etgen a évoqué l'importance du secteur, de l'artisanat local et du soutien qu'il nécessite.

## Formations, temps du travail et manque de personnel

La rencontre avec les élus était l'occasion pour les représentants de la FHL d'exposer les défis auxquels les entreprises du secteur font face. Le secteur souffre d'un manque de main-d'œuvre qualifiée, selon M. Ernest Brandenburger, Président de la FHL, qui a mis en évidence la problématique des formations professionnelles adéquates et des terrains nécessaires pour ses activités. En outre, les fleuristes et jardiniers sont revenus sur l'utilisation de pesticides ainsi que sur le prix de l'eau. Ils ont également abordé le lancement de la première exposition horticole nationale « LUGA 2025 ». La « Luxembourg Urban Garden » aurait dû avoir lieu cette année, mais a été reportée à 2025.



Les représentants de la Fédération horticole luxembourgeoise (FHL) ont été reçus à la Chambre.



## Dissolution et liquidation de l'hospice civil « Jousefshaus »

### 7906 – Projet de loi portant dissolution et liquidation de l'hospice civil de la Ville de Remich, dénommé « Jousefshaus »

Le projet de loi sous rubrique vise à dissoudre et liquider l'hospice civil de la Ville de Remich, dénommé « Jousefshaus », afin que l'établissement public dénommé « Centres, Foyers et Services pour personnes âgées », communément connu sous l'appellation « Servior », en puisse reprendre les activités en vue d'en assurer la continuité.

Dépôt par Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 29/10/2021

Rapporteur : M. Gilles Baum

Travaux de la Commission de la Famille et de l'Intégration

(Président : M. Max Hahn) :

20/06/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

Adoption d'un amendement parlementaire

04/07/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Travaux de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes

(Président : M. Dan Biancalana) :

20/06/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

Adoption d'un amendement parlementaire

Vote en séance publique : 06/07/2022

Loi du 15 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 364, page 1

## Aides liées aux infrastructures de charge pour véhicules électriques

### 7925 – Projet de loi relative au régime d'aides en faveur des entreprises investissant dans des infrastructures de charge pour véhicules électriques

Le projet a pour objet de soutenir financièrement les entreprises qui investissent dans l'infrastructure de charge pour véhicules électriques ; il introduit trois aides financières :

– La première s'adresse aux entreprises ayant des projets d'infrastructures de charge d'envergure, publiques et privées, et sera attribuée à la suite d'une mise en concurrence.

– La seconde s'adresse aux petites et moyennes entreprises souhaitant installer une infrastructure de charge privée qui leur est réservée ; elle revêt la forme d'une procédure de demande simplifiée.

– La troisième s'adresse aux gestionnaires de réseaux de distribution et aux entreprises tierces souhaitant reprendre l'infrastructure de charge publique « Chargy ». Un appel d'offre est lancé pour la reprise de cette dernière suite à l'entrée en vigueur de la directive (UE) 2019/9441 excluant que les gestionnaires de réseaux soient propriétaires ou opérateurs de l'infrastructure de charge publique.

À noter que le régime d'aides mis en place par le projet de loi a été approuvé par la Commission européenne par décision du 7 mars 2022.

Dépôt par M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 06/12/2021

Rapporteuse : Mme Jessie Thill

Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

02/06/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

Adoption d'une série d'amendements parlementaires

01/07/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Travaux de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

(Présidente : Mme Francine Closener) :

02/06/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

Adoption d'une série d'amendements parlementaires

Vote en séance publique : 05/07/2022

Loi du 26 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 395, page 1

## Délimitation entre les communes de Berdorf et de Consdorf

### 7952 – Projet de loi portant changement de limites entre la Commune de Berdorf et la Commune de Consdorf

Le projet de loi sous rubrique prévoit de modifier les limites entre les communes de Consdorf et de Berdorf, ceci selon l'exposé des motifs afin d'intégrer les immeubles implantés dans la localité de Kalkesbach relevant de la commune de Consdorf au territoire de la commune Berdorf. Les immeubles visés se trouvent à l'heure actuelle implantés sur les territoires des deux communes, l'objectif de cette nouvelle délimitation entre les deux communes étant ainsi de placer la localité de Kalkesbach sous la gestion unique de la commune de Berdorf afin d'en faciliter l'administration et d'en améliorer notamment la gestion des déchets et de la fourniture en eau potable.

Dépôt par Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, le 18/01/2022

Rapporteur : M. Carlo Weber

Travaux de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes

(Président : M. Dan Biancalana) :

09/06/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

16/06/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 06/07/2022

Loi du 27 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 431, page 1

## Covid-19 : Nouvelles dispositions

### 8030 – Projet de loi portant modification : 1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ; 2° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19

Le présent projet de loi se propose d'apporter des adaptations à la version actuelle de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19, dite « loi Covid ». Il fait suite à la loi du 14 juin 2022 portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 qui avait supprimé l'obligation de port du masque dans les transports en commun et propose des mesures d'assouplissement supplémentaires, à savoir :

– la suppression de l'obligation du régime du 3G dans les hôpitaux et structures d'hébergement pour personnes âgées avec maintien du port du masque dans ces établissements ;

– la suppression des mesures sanitaires en place dans les centres pénitentiaires et le Centre de rétention ;

– la réduction de la durée d'isolement de dix à sept jours.



L'entrée en vigueur du texte est prévue le lendemain de sa publication. Les mesures resteront applicables jusqu'au 31 octobre 2022 inclus.

En outre, le présent projet de loi prévoit un prolongement de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19. Ces mesures spéciales permettent au conseil communal, au collège des bourgmestres et échevins ainsi qu'au conseil d'administration du Corps grand-ducal d'incendie et de secours de recourir au vote par procuration ou à la visioconférence jusqu'au 31 décembre 2022.

Dépôt par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 15/06/2022  
Rapporteur : M. Mars Di Bartolomeo

Travaux de la Commission de la Santé et des Sports  
(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :

17/06/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

24/06/2022 Présentation et examen d'une série d'amendements gouvernementaux

Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 29/06/2022

Loi du 30 juin 2022

Mémorial A : 2022, n° 319, page 1

## 63<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président | M. Marc Spautz, Vice-Président

### Sommaire

1. **Ouverture de la séance publique** ..... p. 06  
M. Marc Spautz, Président de séance
2. **Question élargie n° 151 de M. Paul Galles au sujet du Fonds de compensation** ..... p. 06  
M. Paul Galles | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale
3. **Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen** ..... p. 08  
Exposé : Mme Martine Hansen
4. **8030 – Projet de loi portant modification :**  
1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;  
2° de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ..... p. 08  
Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo  
Discussion générale : M. Claude Wiseler (dépôt de la motion 1) (intervention de M. Dan Kersch) | M. Gilles Baum (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Jeff Engelen (dépôt de la motion 2) | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement (interventions de M. Dan Kersch, M. Roy Reding et M. Mars Di Bartolomeo)  
Prise de position du Gouvernement : M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8030 et dispense du second vote constitutionnel  
Motion 1 : M. Yves Cruchten

Vote sur la motion 1 (adoptée)

Motion 2 : M. Yves Cruchten (intervention de M. Roy Reding) | M. Roy Reding | M. Sven Clement | M. Fernand Kartheiser | M. Claude Wiseler

Vote sur la motion 2 (rejetée)

### 5. **Dépôt de trois propositions de loi par M. Mars Di Bartolomeo** ..... p. 16

Exposé : M. Mars Di Bartolomeo

### 6. **Débat de consultation au sujet du Rapport du Fonds spécial de soutien au développement du logement** ..... p. 16

Exposé : M. Henri Kox, Ministre du Logement

Débat : M. Félix Eischen (dépôt de la motion 1) | M. Max Hahn (intervention de Mme Martine Hansen) | M. Yves Cruchten | Mme Semiray Ahmedova (dépôt de la motion 2) | M. Roy Reding | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen (interventions de M. Dan Kersch et M. Sven Clement)

Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre du Logement (interventions de M. Gilles Roth) | M. Mars Di Bartolomeo (parole après ministre) | M. le Ministre Henri Kox (interventions de M. Mars Di Bartolomeo)

Motion 1 : M. Marc Goergen | Mme Nathalie Oberweis | Mme Semiray Ahmedova | M. Roy Reding | M. Félix Eischen | M. Yves Cruchten | Mme Semiray Ahmedova

Vote sur la motion 1 (rejetée)

Motion 2 : M. Roy Reding

Vote sur la motion 2 (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Henri Kox et M. Claude Haagen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | Nee, Här President, dat ass net de Fall.

### 2. Question élargie n° 151 de M. Paul Galles au sujet du Fonds de compensation

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Da komme mer zum Ordre du jour. Den éischte Punkt um Ordre

du jour vun haut de Mëtteg ass d'Fro Nummer 151 vum Här Paul Galles iwwert de Kompensatiounsfong. Den Auteur huet fënnf Minutten an d'Regierung huet duerno zéng Minutte fir ze äntweren. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, de Fonds de compensation huet eng kruzial Wichtigkeet. E séchert nämlech d'Pensiounen of vun de Leit aus dem Privatsektor a vun den Independanten. Während dësem Joer soll de Fong seng Strategie quinquennale opstelle fir seng Investissementer an de Joren 2023 bis 2028. An d'ofir ass grad d'Joer en entscheidende Moment fir d'Zukunft vun dësem Fong.

Ech weess, dass aus villen Ecke vun dësem héijen Haus Interessi dru besteet fir ze wëssen, wou dës

Strategie eigentlech drun ass. A mir hunn alleguerter gemierkt, dass och an der Gesellschaft vill Interessi un där Fro besteet, notament duerch d'Nott vun der Chambre des Salarisés, awer och duerch déi gemeinsam Nott vu Greenpeace an ASTM, déi eng Etüd an Optrag ginn haten, fir den aktuellen Zoustand vum Fong ze analyséieren, ausgereend vun hirem ganz interessante Rapport vun 2020.

Dobäi gëllt et jo eigentlech, zwee Grondziesse nach respektéieren an zesummenzeféieren. Dat eent ass, dass de Fong laangfristeg weiderhi gutt funktionéiert a senger Missioun vun der Ofsecherung vun de Pensiounen nokomme kann, also déi sougenannte Perennitéit. Dozou muss een awer wëssen, dass déi momentan nach enorm Reserve vu ronn 23 Milliarden Euro am Joer 2043 kéinten opgebraucht ginn a vun do un da méi muss ausbezuelt ginn, wéi abezuelt

gëtt. An dat zweet ass, dass et eng absolutt Selbstverständlechkeet ass, dass d'Investissementer vum Fong sollen d'Klima- an d'Mënscherechter respektéieren an net op d'Käschte vu Klima, vu Fräiheet, vu sozialer Ofsecherung oder vun Aarbechtsbedingunge solle goen.

An dozou muss ee wëssen, dass dat net nëmmen eng moralesch Iwwerleeung ass, mee och eng ekonomesch. D'Tendenz schéngt nämlech dohinner ze goen, dass nohalteg Produiten, déi och wirklech deen Numm verdéngen, elo schonn, mee sécher mëttel- a laangfristeg, ekonomesch méi rentabel si wéi déi sougenannt konventionell.

Doraus ergi sech e puer Froen, déi ech mer erlaben, Iech, Här Minister, ze stellen. Zum éischten Uleies vun der laangfristeger Strategie stellt sech natierlech d'Fro: Wat gëtt gemaach, fir iwwert d'Joer 2043 eraus ze kommen?

A beim zweeten Uleies vun der sozialer an der klimatescher Nohaltegkeet stelle sech doriwwer eraus nach follgend Froen. Déi éischt: De Fong gëtt sech selwer eng Liste d'exclusion an orientéiert sech un de 17 Nohaltegkeetsziler. Dat ass op der Homepage och ganz gutt erkläert. Do geet et och ëm den Nohaltegkeetslabel LuxFLAG, dee 75 % vun den Entrepreneuren hätten. Greenpeace an d'ASTM sinn awer der Meinung, dass déi Liste d'exclusion net duerheet an dass de Label LuxFLAG net vill ausseet. Si soen, déi Lëscht wär net kohärent an net konsequent an et géif un enger Gesamtstrategie feelen, aus där erauszeliese wär, dass een och konsequent hannert de Paräisser Klimaziler steet.

Wann een de Rapport vun 2020 géif analyséieren, sou soe se, da géif kloer ginn, dass déi Entrepreneuren, an déi de Fong investéiert, alignéiert sinn net op engem 1,5-Grad-Erwärmungszil, och net 2 Grad, mee 2,7 Grad. Heizou meng Fro: Wéi gesäit de Minister dës Situatioun? Gesäit en e Grond zur Iwwerschaffung a fir d'Afféiere vun anerem, méi strenge Krittären, fir déi Lëscht dann opstellen?

Dat Zweet ass: Wat de Respekt vun de Mënscherechter ugeet, sou huet de Rapport vu Greenpeace an ASTM 196 Entrepreneuren identifizéiert, déi sech op déi eng oder aner Aart a Weis net dorun halen. Deem géintwuer stinn iwwerengs just 126 Entrepreneuren, déi op der Liste d'exclusion stinn.

Et ginn an deem Rapport vun dem Fong ganz vill gutt Beispiller genannt, mee déi 47 % vun Entrepreneuren aus dem Portfolio, déi am Bezuch op d'Nohaltegkeetszil als negativ agestuift muss ginn, ginn dobäi net erwähnt. Greenpeace an ASTM huelen als d'Beispill d'Minn vu Cerrejón a Kolumbien. D'Fro: Geet déi dote Liste d'exclusion, déi mer am Moment do hunn, iwwerhaupt nach duer? Oder muss déi och erweidert ginn?

An dann déi drëtt Fro: Wéi kann een dat iwwerhaupt systematesch besser organiséieren? Greenpeace an d'ASTM hunn och festgestallt, dass vun deenen 18 Gestionnaires d'actifs am Fong just 5 d'Mënscherechter iwwerhaupt nennen an nëmmen 2 dovun Detailer uginn iwwert hir Approche zum Respekt vun de Mënscherechter. Brauch de Fong an deem Sënn net aner Prozedure vun transparenter Kommunikatioun zu Mënscherechter an zu Klimaziler?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, de Rapport vu Greenpeace an ASTM schléisst aus all deem, dass d'Entrepreneuren, déi nach fossill orientéiert sinn, an der usteender Transitiounsphas a finanziell Schwieeregkeete kommen an duerfir laangfristeg keng sécher Quell fir de Fong duerstellen. Ass dat eng Aschätzung, déi Dir, Här Minister, och deelt?

D'Chambre des Salariés huet an hirer Nott stoen, dass vis-à-vis vun den 1,13 Milliarden Euro, déi 2020 generéiert goufen, 522 Milliounen Euro u klimatesche Schied fir d'Joer 2016 bis 2021 stinn. Ass et hei net néideg, vum Fong ze erwaarden, sech vun deenen Entrepreneuren ze befreien, déi d'Transitioun vun de Paräisser Ziler vläicht net packen? A géif sech an deem Kader vläicht och eng Schaffung vun engem eethesche Komitee ubidden, wéi en zum Beispill an Norwege gemaach ginn ass?

A fir op déi kruzial finanziell Investitiounsfro nach zrëckkommen elo zum Schluss, stellt sech an der Nott vun der Chambre des Salariés d'Fro, ob d'Reserve strateegesch net anescht kënn genotzt ginn. Et ass ganz interessant, wat se do schreiwen. Si nennen d'Investitiounen an déi drängend Problemer vu Lëtzebuerg, zum Beispill d'Schafe vu Logements locaux à coût modéré, d'Zusammenaarbecht mat der SNCI fir déi ekologesch Transitioun, mee och d'Entwécklung vun der Groussregioun, déi net als Wüüst soll zrëckbleiwen, mee e Raum vu Prosperitéit soll sinn. Well déi 23 Milliarde si fir esou Iddie wirklech tatsächlech en enorm gutt Startkapital. An heizou wollt ech och Är Aschätzung froen, Här Minister.

Dat si meng Froen an ech soen Iech dofir villmools Merci fir Är Äntwerten.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci dem Här Galles. An domadder ass d'Wuert fir de Minister vun der Sécurité sociale, den Här Claude Haagen.

**M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | Merci, Här President. Merci och dem Här Galles fir dës Question élargie. Déi verschidde Froen, déi Der opwerft, wäert ech probéieren ze beäntweren. Ech ginn awer direkt, wéi Dir et gesot hutt, op de Rapport technique iwwert d'Pensiounen an. Dir wësst, dass och do um Niveau vum Regierungsrot keng Variatiounen festgehale gi sinn, wat d'Cotisations ubelaangt, an dass mer och en attente si vun engem Avis, deen de Wirtschafts- a Sozialrot dozou ausschafft, deen da complementaire ass. A wann en do ass, dass hunn ech och an der Chamberskommissioun gesot, géife mer deen och an där zoustänneger Kommissioun analyséieren a warscheinlech och eng Kéier hei am Plenum natierlech erëm diskutéieren.

Grundsätzlech wëll ech hei soen, Dir hutt et schonn ugeschwat, wat den Objet vum Fonds de compensation ass. Dat ass an der Relatioun mat eise Pensiounen, fir do Recetten ze generéieren a fir eeben och d'Pensiounen finanziell ofzesécheren iwwert deen dote Moyaen.

Elo kann een zu der Entwécklung vun der Bourse soen, dass déi, wann een dat kuckt op d'Joer oder op zwee Joer, vläicht volatil ass. Et kann een och ëmmer verschidde Placementer, Investissementer eraushuelen, déi méi rentabel si wéi déi aner. Et kann een ëmmer vergläichen. Mee dat wäert um Niveau vun der Bourse, wann een dat a long terme kuckt, net goen, do mussen Placementer gemaach ginn, déi a moyen an a long terme sinn. Dofir ënnerstëtzen ech awer Är Iwwerleeung, fir ze soen, dass een natierlech eng nohalteg Investissementspolitik muss maachen. Dat ass och dat, wat de Fong mécht.

De Fong mécht dat zënter 2011, wéi e sech selwer fir eng nohalteg Politik agesat huet an och déi Investissementer esou gemaach huet. Dofir ass och an deem Sënn, an Dir hutt et ugeschwat, 2011 d'Iddi erabruucht gi vum Fong, fir eng Exklusivitéit ze maachen, dass heescht, eng schwaarz Lëscht ze kreéieren, déi no den zéng Prinzipien vun den Nations Unies, déi Der och ugeschwat hutt, wäert traitéiert ginn.

Déi Entrepreneuren, déi dat net respektéieren, momentan sinn et der 120, kommen op déi schwaarz Lëscht. Do kann net méi investéiert ginn. Op enger groer Lëscht, dat heescht, wou nach ka weider investéiert ginn – net fir ze soen, dass een et da mécht ... Mee wa weider investéiert gëtt a wann déi sech net un déi Krittären halen an et gesäit een dat no enger gewëssener Durée, no engem Joer spéitstens, da kommen déi natierlech vun der groer Lëscht och op déi schwaarz Lëscht. Dat si momentan 180 Entrepreneuren, déi do wäerten iwwerpréift ginn, wou et dann och verbueden ass fir de Fong, dee sech selwer déi Reglementatioun ginn huet, fir do anzeklappen.

Säit 2011, och fir de Fonctionnement ze erklären, ass et esou, dass e Questionnaire vum Fonds de compensation ausgeschafft ginn ass, deen d'Assetmanager selwer mussen ausfüllen, wa se wëllen an där öffentlecher Ausschreiwung matmaachen, fir eeben e Kapital notament iwwer nohalteg Investissementer ze traitéieren an dann dat och mat an den Investitionsprozess ze maachen. Dat gëtt da kontrolléiert an da gesäit een herno, ob déi Krittären erfëllt gi sinn. Wa se net erfëllt gi sinn, dann hu se am Fong géint hir eege Politik verstouss a wäerten dann natierlech och net méi en consideration gezu ginn.

Säit 2017 ass et esou, dass all Kandidat, deen e Mandat beim Fonds de compensation kriéi wëll, an all méiglechen Investissementer – Obligatiounen, Real Estate, Aktien, Geldfong an esou weider – eng nohalteg Approche an engem Investissementsfong muss hunn. Soss huet e keng Chance, fir zrëckbehalen ze ginn.

Iwwert dës Wee sinn an dësem Semester – ech schwätzen also méi aktuell vun 2022 un, Dir an och d'Analyse sidd op 2020 agaangen – ronn 4 Milliarden Euro nei affektéiert ginn, déi an dat Konzept passen, wou eng Nohaltegkeet nogewise gëtt, wou och an déi investéiert gëtt. Momentan gëtt et nach just een eenzegt aktivt Mandat, dass dës Krittären vun der Nohaltegkeet net méi entsprécht, an dass wäert 2022 auslafen, soudatt ab 2023 all aktivt Kompartiment vum Fonds de compensation nohalteg investéiert gëtt.

Elo kann een natierlech ëmmer doriwwer diskutéieren: Wat verstet mer ënner Nohaltegkeet an Investissementer? Ech weess, dass do verschidden Etüde gemaach gi sinn, dass och verschidden Audite gemaach gi sinn, dass verschidde Bürouen an och Experte beoptraagt gi sinn, déi dat da kontradiktöresch bewäert hunn, mee ech mengen, de But vum Fong ass ganz kloer, d'Paräisser Ofkommen ze respektéieren an och an déi Richtung weider ze schaffen. Dat wäert och gemaach ginn.

De Fonds de compensation huet 2019 zwee nei Kompartimenten lancéiert: e Kompartiment mat gréngen Obligatiounen, wou investéiert gëtt, respektiv e Weltaktiemandat, dass nieft dem finanziellen Rendement och nach d'Ëmweltkrittären kuckt an awer och, wat wichteg ass – dass gehéiert zu deenen zéng Punkte vun den Nations Unies –, de sozialen Impakt, wou dann investéiert gëtt. Bon, an deem Investissement, an deenen zwee Kompartimenten, wéi ech gesot hunn, si momentan 300 Milliounen investéiert, an et ass nach virgesinn, déi Investissementer ze doubléieren. Dass heescht, mir wäerten do Enn des Joers op 600 Milliounen kommen.

Virun engem Mount ass dann nach en neit Kompartiment an der SICAV (ndlr: société d'investissement à capital variable) vum Fonds de compensation geschaf ginn, e Kompartiment, dass passiv bewirtschaft gëtt, dass heescht, wou mer net offensiv an de Marché eraginn, an deem säin Zil, wat Dir ugeschwat hutt, ass et eeben, konform zum Paräisser Accord ze sinn. Dës Mandat beleeft sech op 500 Milliounen Euro.

Dir gesitt also, dass déi Nohaltegkeet vun de Portfolio-managere iwwerwaacht gëtt, och vum Fonds de



compensation an natierlech och vun deenen externen Analysen, déi gemaach ginn, wat jo och richtig ass. Soubal ee gesäit, datt se net méi kompatibel sinn, wäerte mer do och reagieren.

Mir hunn actuellement eefel Kompartimenter mat ESG-Certifikatioun (ndlr: Environmental, Social and Governance). Dir hutt dat ugeschwat vu LuxFLAG. Bon, et kann ee jo ëmmer driwwer diskutieren. Mir hunn deen heite System vu LuxFLAG geholl, dee kompartimentaresch schafft an deen och déi Ëmweltcertifikatiounen ausstellt.

Fir d'Joer 2021 sinn et ronn 9 Milliarden Euro an deem Domän a säit Mee 2022, also elo virun engem Mount, sinn eefel Kompartimenter mat deene verschiddenen Artikel vum der „Sustainable Finance Disclosure Regulation“ agestuft ginn, engem Aktionsplang – dat wësst Der –, dee vun der Europäescher Kommissioun am Kader vun den nohaltege Finanzen evaluéiert an opgestallt ginn ass an deen duerno kuckt, ob wierklech nohaltege Projekte realiséiert gi sinn, fir datt mer net an e Mechanismus vu Greenwashing kommen. Dat ass also eng Iwwerpräiwung, déi gemaach gëtt an déi och ganz wichteg ass.

Dir hutt déi extern Spezialiste schonn ugeschwat, déi kommen, fir d'Analysen ze maachen. Natierlech gëtt dat do iwwer Greenpeace oder d'ASTM analyséiert. Dat ass och gutt esou, do soll och eng Diskussioun entstoen, mee ech wëll och soen, datt opgrond vun deene Froen, déi Greenpeace an d'ASTM gestallt hunn, och e Brëf vum Fonds de compensation mat deenen néidegen Explikatiounen viru ronn engem Mount gemaach ginn ass, fir ze soen, datt si dat esou gesinn. Also do ass schonn een Dialog do, deen ... Ech hat d'Leit vu Greenpeace an der ASTM och selwer um Büro, fir mat hinnen doriwwer ze diskutieren, an ech denken, et ass gekuckt ginn, datt mer alleguerten an déi selwecht Richtung schaffen.

Bon, dee Benchmark, fir d'CO<sub>2</sub>-Wärter ze respektéieren, gëtt all dräi Joer gemaach an – dat ass 2021 decideréiert ginn – e gëtt fir d'ëischt 2023 gemaach, fir ze kucken, awéifern déi Investissementer vum Fonds de compensation en ligne si mam Accord de Paris.

Dir hutt iwwert d'Immobiliepolitik geschwat, Dir hutt och iwwert den Immobiliemaart geschwat. De primären Objet vum Fonds de compensation ass net de Wunnengsmaat, en ass, fir dran ze investéieren. En ass awer och den zweeten Akt – e finanziellen Akt zum Beispill – an enger Société nationale des habitations à bon marché niest dem Staat. Mir ginn also och do Investissementer eran. Och bei der Renovatioun gëtt déi héchst Zertifikatioun ugestriift, déi do ass, bei all Renovatioun, déi dem Fonds de compensation gehéiert.

An nach vläicht eppes, wat och interessant ass: Dem Fonds de compensation gehéieren och ronn 700 Hektar Bësch, déi och esou traitéiert ginn, datt eng Zertifikatioun gemaach gëtt, soudatt mer do déi verschidden Emissiounswärter kennen an Tonne vun CO<sub>2</sub> aspueren. Dat ass och eppes, wat am Fong net esou bekannt ass, wat awer vill matspillt.

D'Strategie 2023-2028, déi Der ugeschwat hutt, dat ass natierlech och, fir déi fënnfjärege Revisioun ze kucken, déi am Rapport technique ass, dat heescht, fir de Midnightterm (veuillez lire: Midterm Review) ze analyséieren. An da gëtt natierlech primär op d'Ausrichtung vum Fong mat den Investissementer gekuckt, fir d'Evolution vun de Recetten an den Dépense vum Pensionsregime, awer och de Liquiditéitsbedarf ofzeséieren. Dir hutt déi verschidde Joren ugeschwat, 2043, awer och d'Risikoakzeptanz, déi mer musse kucken, fir och dem ugestriifte Rendement cible iwwert den Artikel vum Code vun der Sécurité sociale gerecht ze ginn.

Bon, wéi gesot, de Fonds de compensation wäert 2024 – op Base vum Portefeuille op den 31. Dezember 2023 – dann déi nei Strategie kucken. Do wäerten all déi aktiv Manageren eng nohaltege Investitiouns-approche applizéieren an de Sens trajectoire gëtt a Fonctioun vun den Ziler vum Paräisser Ofkommen nach eng Kéier gerechent.

Ech weess, datt mer als Fonds de compensation nach net ënnert deenen 2 % (veuillez lire: 2 Grad) sinn – Dir hutt et ugestriift –, mee mir sinn awer um beschte Wee dohinner, a mat deenen neien Trajectoiren an deenen neien Investissementer, déi ech elo opgezielt hunn, si mer och zouversiichtlech, datt mer dat Zil, fir d'Konditiounen vum Paräisser Ofkommen ze respektéieren, och errechen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci, Här Minister.

Ech géif Iech bidden, d'Lautstäerkt am Sall e bëssen erofzedréinen, well et ass relativ schwéier, fir nozelauschteren. Dofir, wannechgelift, e bëssen d'Lautstäerkt erofschrauwen. Merci.

### 3. Dépôt d'une motion par Mme Martine Hansen

D'Madamm Hansen.

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Ech wollt d'Wuert froe fir den Depot vun enger Motioun, wann-echgelift.

(Assentiment de la présidence)

#### Exposé

Merci, Här President. Déi lescht Woch war d'Madamm Lenert a Portugal a si war relativ euphoresch op der Plaz an och heiheim. Mir hunn héieren, datt niest dem Ubau vu medezinneschem Cannabis och an enger zweeter Etapp soll souguer iwwerluecht ginn, de rekreative Cannabis kënnen hei zu Lëtzebuerg unzebauen an dat ze reegelen. Dat ass also e klore Message, deen d'Regierung gëtt.

Op där anerer Säit hu mer awer de Rapport vum Office des Nations Unies contre la drogue et le crime, dee wierklech seet, datt – éischstens – de Konsum vun Drogen zouhëlt. Zweetens schéngt et och esou ze sinn, datt an deene Länner, an deene Cannabis legaliséiert ginn ass, och de Konsum vu Cannabis zouhëlt, virun allem bei deene Jonken a virun allem vun deem mat engem héijen THC-Gehalt.

Dat Ganzt ass awer ... Wéi gesot, Cannabis ass nach ëmmer eng Drog. An et ass an eisen Aen definitiv de falsche Message, deen am Moment dobaussen ass bei deene Jonken. Déi Jonk soen nämlech: „D'Regierung seet, et ass alles net esou schlëmm. D'Regierung seet, et ass legal. D'Regierung wëll net nëmmen dee medezinneschen ubauen, mee si wëll och nach dee rekreativen ubauen, also ass alles jo guer net esou schlëmm a mir kënnen roueg kiffen. Dat wäert eis net schueden.“ Dee Message ass bei deene Jonken an ech fannen dat u sech inakzeptabel.

Ech hunn op RTL awer och der Madamm Tanson nogelauschert an déi huet gesot: „Esoubal wéi d'Gesetz gestëmmt ass, wäerte mer eng verstärkt Sensibilisierungscampagne maachen.“ Sou, fir eis geet et net duer, fir dat do ze maachen, mee fir eis ass et dréngend, datt elo direkt eppes geschitt. An duerfir fuerdere mer d'Regierung op, datt se elo direkt eng Campagne virbereet, fir ze sensibiliséieren a fir ze informéieren, an datt déi bei der Rentrée scolaire 2022 soll direkt lassleeën iwwert d'gesondheetlech Risiken,

awer och ganz einfach iwwert déi normal Froen: Wat geschitt, wann ech Cannabis am Blut hunn an ech hunn de Führerschäin an ech provozéieren en Accident? All dat soll gekläert ginn an déi Jonk sollen driwwer informéiert ginn. An net nëmmen déi Jonk: Mir hätten och gären eng Informatiouns- a Sensibilisierungscampagne am Allgemenge bei eiser gesamter Bevëlkerung.

Ech soen Iech Merci.

#### Motion

*La Chambre des Députés,*

– constatant que dans son rapport mondial 2022 sur les drogues l'Office des Nations Unies contre la drogue et le crime (ONUDC) constate une augmentation de la consommation de drogue au niveau international ;

– constatant que dans son rapport l'ONUDC note que la légalisation du cannabis dans certains pays semble avoir entraîné une augmentation de la consommation quotidienne de cannabis, en particulier de produits puissants et surtout chez les jeunes adultes ;

– constatant que selon ce même rapport, le nombre de personnes souffrant de troubles psychiatriques et les cas de suicides et d'hospitalisations ont également augmenté ;

– considérant que le Gouvernement a l'intention de légaliser la consommation du cannabis à des fins récréatives ;

– considérant que le cannabis est néanmoins une drogue dont la consommation risque d'avoir des effets négatifs sur le développement du cerveau et de provoquer des troubles psychiques, surtout chez les jeunes consommateurs ;

– considérant que Madame le Ministre de la Justice a souligné l'importance de la prévention, invite le Gouvernement

– à préparer immédiatement une campagne renforcée de sensibilisation et d'information relative aux risques objectifs du cannabis et de la lancer pour la rentrée scolaire en septembre 2022 ;

– à lancer en outre et également en septembre 2022 une campagne de sensibilisation et d'information plus large s'adressant à tous les citoyens.

(s.) Martine Hansen, Nancy Arendt épouse Kemp, Max Hengel, Georges Mischo, Jean-Paul Schaaf.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci, Madamm Hansen.

Ech géif awer nach eng Kéier, wannechgelift, den Appell maachen – well soss ass et onméiglech, fir de Mëtteg weiderzufueren –, dass op de Bänken e bëssen d'Lautstäerkt erofgesat gëtt. Merci.

### 4. 8030 – Projet de loi portant modification :

**1<sup>o</sup> de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;**

**2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19**

Da kéime mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour. An dat ass d'Verlängerung vun de Covidmesuren. Dat ass de Projet de loi 8030, wou verschidden Ofännerrunge wäerte gemaach ginn.

An ageschriwwen si bis elo den Här Wiseler, den Här Baum, d'Madamm Lorsché, den Här Engelen,

d'Madamm Oberweis an den Här Clement. An den éischte Riedner ass de Rapporteur vum Gesetz. Dat ass den Här Mars Di Bartolomeo.

*(Interruption par M. Yves Cruchten)*

Här Cruchten, wollt Dir nach eppes soen?

*(Négation)*

Ok. Här Di Bartolomeo, et ass un Iech.

#### **Rapport de la Commission de la Santé et des Sports**

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollee-ginnen a Kollegen, haut sinn et genau 20 Deeg hier, datt mer fir d'lescht eng Upassung vum Covidgesetz gestëmmt hunn. Mam Vott vum 9. Juni ass, Dir erënnert Iech, d'Maskepflicht am öffentlichen Transport ofgeschafft ginn. Virun 20 Deeg war och ugekënnegt ginn, datt weider Modifikatiounen géifen nokommen. Déi leien eis haut vir a Form vu weideren Oplacke-runge mam Projet de loi 8030.

An der Tëschenzäit sinn d'Infektiounszuelen nees daitlech geklommen. Datt een do gläichzäitig Opla-ckerunge virgesäit, kann op den éischte Bléck widder-sprécklech erschéngen, ass et awer net, well parallel zu dëser Erhéijung vun den Zuelen d'Situatioun an eise Spideeler plus/minus stabil bleift.

Mat dësem Text ginn nu mat déi lescht Aschränkungen, déi nach bestinn, wäitgeend opgehuewen. Mir kréien eis Fräiheete praktesch all erëm, mee mir mussen eis awer weiderhin am Kampf géint de Virus bewären. Et heescht also opzepasst an d'Situatioun am Bléck ze halen, wa mir keng Rechute riskéiere wëllen.

Laut dem leschte Wochebilan vun der Santé ass d'Zuel vun den Infektiounen an der Woch vum 13. bis den 19. Juni vun 2.824 op bal 4.000 – et sinn der genee 3.985 – eropgaangen.

*(Interruptions)*

Well de Virus méi zirkuléiert, ...

Follegt Der dem President dann endlech?

*(Hilarité)*

**Une voix** | Bestëmmt!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Merci. Well de Virus méi zirkuléiert, mussen mer folglech och méi Leit am Spidol behandeln. An der Woch vum 13. bis den 19. Juni waren dat 15 Patienten, ganz wäit ewech also vun deem, wat mer nach viru Joresfrist hatten. A glécklecherweis ass dat esou!

An deem selwechten Zäitraum – an dat ass weesentlech – sinn awer just zwou Persounen op der Intensiv-statioun mat oder weinst Covid traitéiert ginn. Dat weist eis, dass de Virus mëttlerweil en aneren ass wéi dee vum Ufank vun der Pandemie. Mëttlerweil si mer mat de Subvariante vum Omikron, genannt BA.2 a BA.5, geplot. Virun allem de BA.5 schéngt de Moment responsabel fir déi rapid Verbreedung vun der Krankheet ze sinn, well en nach méi ustiechend ass wéi seng Virgänger. Awer – an dat ass déi positiv Säit – en ass och manner aggressiv fir d'Gesondheet wéi seng Virgänger, wéi zum Beispill d'Delta-Variant.

De BA.5 léisst sech – an dat muss een och esou zou-ginn – awer manner duerch eng Impfung oder eng viregt Contaminatioun verhënneren. Dat erkläert seng grouss Zirkulatioun am Moment. Mee datt esou weineg Fäll op der Intensivstatioun mussen behandelt ginn, huet wuel och mat deem gudden Impftaux ze dinn an – an dat ass jo dat Positiiv – domat, dass d'Impfung weiderhi virun engem schwéiere Verlaf vun der Krankheet schützt. Si bleift also noutwendeg, wirksam, fir virun allem bei vulnerabele Leit dat Schlëmmst ze verhënneren.

Derbäi kënnt, datt mir elo effikass Moyenen hunn, fir géint d'Krankheet virzegoen, ënner anerem a Form vun antivirale Medikamenter. All dëst féiert derzou, datt déi Oplackerungen elo net nëmme méiglech, mee och sënnvoll sinn. Et ass, wéi ëmmer an der Kris, eng Fro vun der Verhältnisméissegheet.

Opgrond vun der gesamter Situatioun, déi ech elo kuerz skizzéiert hunn, si grouss Restriktiounen net méi justifiéiert. Virgesinn ass dofir d'Ophiewe vum CovidCheck an de Spideeler an an den Altersheimer. Vu datt och geimpft Leit net méi total sécher virun enger Infektioun mat engem Omikron-Subvariant sinn, erfëllt eist 3G-Schutzschëld net méi deen Zweck, deen et virduen hat, wat awer net heescht, datt mir net méi op déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft sollen oppassen. Au contraire! Dofir bleift d'Maskepflicht an de Spideeler, Altersheimer an esou weider be-stoen.

Deemno wäert et domadder keng Plaz méi ginn, wou de CovidCheck-System en vigueur ass. Mee, wéi gesot, et ass eng Fräiheet, déi mer iwwer e responsabelt a rücksichtsvollt Handeln ofséchere sollten. D'Definit-ioun vum CovidCheck-Regimm bleift am Gesetz bestoe fir de Fall – wat mer natierlech alleguerten net hoffen –, dass mer en nach eng Kéier géife brauchen.

Betreffend d'Maskepflicht huet d'COPAS d'Santéskom-missiou op d'Situatioun vun de Mataarbechter vun de Fleegedéngschter higewisen, déi bei d'Leit heem-ginn. Fir d'Kommissioun a fir d'Regierung ass et do evident, dass si och ënnert dës Maskepflicht falen. A fir deem Nodrock ze ginn, ass et och esou am schréft-leche Rapport festgehalen ginn.

Dann och e Wuert zum Avis vum Collège médical, dee gefrot huet, datt Dokter an Apdikter, mee och aner Gesondheetsberuffer, kéinten eng Maskepflicht an hire Cabineten bestoe loosse. Do ass d'Kommissioun och der Meenung, datt et méiglech muss bleiwen, ouni et ausdrécklech an d'Covidgesetz ze schreiwen, well dat jo schonns ënner hiert Hausrecht fält. Och dat ass am schréftleche Rapport nozeliesen.

Eng weider Ännerung, déi dëst Gesetz mat sech bréngt, ass d'Erofsetze vun der Isolatiounszeit vun zéng op siwen Deeg, woubäi d'Méiglechkeet weiderhi besteet, éischter aus der Isolatioun ze kommen, wann een zwee negativ Tester, déi 24 Stonnen auser-neeelen, ka maache respektiv huet.

An dann nach déi drëtt Ännerung: Och an de Prison-gen an am Centre de rétention falen d'Mesuren, well se och do, vu d'Entwécklung vun der sanitärer Situa-tioun, net méi verhältnisméisseg wäeren. Dat war eng Fuerderung, déi déi consultativ Mënscherechts-kommissioun schonns déi lescht Kéier an hirem Avis gemaach hat.

Niewent dem Gesetzesprojet ass an der Kommissioun och iwwert d'Unerkennung vun Impfstoffen disku-téiert ginn, déi net vun der EMA, mee vun der OMS geneemegt sinn. An do hu mer verséichert kritt, dass, och wann et net am Gesetz festgehal gëtt, iwwer Reglement net nëmmen déi vun der Europäescher Agence vun de Medikamenter unerkannt, mee och déi vun der Weltgesundheitsorganisatioun uner-kannt Impfstoffe géifen unerkannt ginn.

Zur Prozedur: Den Text ass de 15. Juni deponéiert ginn. De 17. Juni ass en an der Santéskommissioun presentéiert ginn. Den Avis vum Staatsrot ass den 21. Juni komm. An de 24. ass de Rapport unanime vun der Kommissioun ugeholl ginn. D'Gesetz soll den Dag no senger Verëffentlechung, also warscheinlech den 1. Juli, a Kraaft trieden. Et gëllt virauszuesichtlech bis den 31. Oktober 2022.

Dir fannt an dësem Rapport och e Resümmee vun den Avice vum Collège médical, vun der Chambre

des Métiers, vun der Chambre des Salariés, vun der Chambre de Commerce a vun der consultativer Mënscherechtskommissioun.

Et ass dëst déi 24. Ännerung um Covidgesetz. A wa mer déi Gesetzter iwwert den État de crise, de Large-Scale-Testing an esou weider derbärechnen, dann iwwerschreide mer elo d'Grenz vun deenen 30 Ge-setzer, déi an direktem Zesammenhang mat der Pandemie gestëmmt gi sinn, dat Ganzt innerhalb vu gutt zwee Joer. D'Chamber huet also deen Defi, dee se agaangen ass, gemeeschtert.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | An den Delaien, ëmmer an den Delaien – ouni Ausnam – a mat där Grëndlechkeet, zu där mer de Leit dobausse verflucht sinn, an och an enger gudder Zesummenaar-becht, och wa mer dat net ëmmer unanime gemaach hunn. Mir hunn awer exzellent zesummegeschafft.

Mat dem Gesetz vun haut komme mer gréisstendeels an d'Normalitéit zrëck. Mir dueren awer elo net den Iertum maachen, eis ze fréi ze freeën. An ech hoffen an deem Zesammenhang, datt déi vill rezent a kom-mend Festivitéiten dem Virus net ze vill an d'Kaarte spillen, well e lauert weider.

Anerersäits hânt et och dovunner of, wéi de Virus elo weider evoluéiert. Solt e weider esou bleiwe wéi elo, da gesäit et duerno aus, wéi wa mer dat Schwieregst hanneren eis hätten. Mee sollt e weider mutéieren an erëm méi aggressiv ginn, da steet erëm méi e schwie-regen Hierscht virun der Dier. Dat mussen mer am Hannerkapp behalen a mir mussen eis op all Zenario virbereeden an och bereet sinn, deementsprechend ze handelen.

Mir kréien also fir dës Summer eis Fräiheete bal integral erëm. Mee, wéi gesot, et ass eng Fräiheet, déi mer solle genéissen an net duerch Feelverhalten hypothekéieren. Impfe bleift also weiderhi sënnvoll an néideg, an déi elementar Gesten, fir sech an déi aner ze schützen, gradesou.

An deem Sënn, Här President, soen ech Iech Merci. Merci Iech alleguer.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz**, Président de séance | Merci dem Här Rapporteur, dem Här Mars Di Bartolomeo.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

#### **Discussion générale**

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci, Här President. D'Covidkris huet un Aktualitéit verluer, well d'Leit och erëm an eng Normalitéit erakomme wëllen, well se es genuch hunn a well se déi normal mënschlech Relatiounen een zu deem aneren erëm wëllen zrëck-fannen. Gottseidank ass dat esou, mee heiansdo, muss ech soen, wënschen ech mer, datt vläicht nach op där enger oder op där anerer Plaz haaptsächlech bei Festivitéiten e bësse méi Virsiicht do wär.

D'Covidkris huet och un Aktualitéit verluer, obwuel d'Zuele vun deene positive Leit an d'Luucht gaange sinn – plus 41 % d'lescht Woch mat enger Alters-moyenne vun 39 Joer, wat relativ déif ass – an och d'Intensivbettebelegungs-zuelen iwwert d'Covidwell an d'Luucht gaange sinn.

*(M. Fernand Etgen prend la présidence.)*

Mir sinn awer no der Analys zu där selwechter Kon-klusioun komm wéi d'Regierung: Bis elo ass déi Augmentatioun net inquietant. Si ass haaptsächlech ze erklären duerch déi grouss Circulatioun, déi an deene leschte Méint, Woche stattfonnt huet, mee och duerch de Fait, datt mer d'Ophiewe vun enger ganzer



Rei vun deene Moosnamen, déi virdrun do waren an elo net méi do sinn, decidéiert hunn. Doduerch kann ee se haaptsächlech erklären, mee awer och, well eisen Impftax net esou héich ass, wéi en am Fong theoretesch sollt a misst sinn.

D'Liewen ass erëm esou wéi virdrun, no e puer Deeg Hesitatioun. Op jidde Fall si mir der Meenung, dass déi aktuell nach besteeënd Moosnamen op jidde Fall näischt un der Situatioun, esou wéi mer se elo haut hunn, verbesseren an dass een dofir duerchaus ka souwuel den 3G an de Spideeler ofschaften, deen elo effektiv näischt méi bréngt, wéi och déi Adaptatiounen vun de Moosnamen an de Centre-pénitentiärë maachen, well se sécherlech an der genereller Situatioun näischt bruecht hätten a mer op där anerer Säit an dem Centre pénitenciaire och net necessairement lauter hautement vulnerabel Leit hunn.

Dat selwecht gëllt fir d'Erofsetze vun der Isolements-dauer vun zéng Deeg op siwen Deeg, déi eis logesch schéngt op Basis vun deene wëssenschaftlechen Analysen, déi mer kennen. A mir ginn do einfach dee selwechte Wee wéi och d'Ausland. Mat dëse Moosnamen kënne mer also liewen, dat ass emol kloer.

Déi éischt Remark, déi ech awer wéilt dozou maachen, dat ass am Fong, Här Rapporteur ... an ech soen Iech Merci fir dee Rapport, deen Der elo nach eng Kéier no esou villen anere Rapporte gutt gemaach hutt. Mee am Fong si mir der Meenung, dass dësen Text iwwerflësseg ass, net well dat, wat do bannendran ass, wat mer elo stëmmen, iwwerflësseg ass gestëmmt ze ginn, mee well mer der Meenung sinn, dass mer dat gradesou gutt virun dräi Woche schonn hätte kënne a solle stëmmen, a well elo an dëser Evolutioun an de leschten dräi Wochen absolutt keen Element weider do ass, wat eis net schonn erlaabt hätt, virun dräi Woche genau dat do ze stëmmen. Dat hu mer d'ailleurs och virun dräi Woche gefrot. Bon, da stëmme mer et elo, besser wéi ni. Mee am Fong hätte mer eis dësen Exercice an eisen Ae kënne spueren.

Et gëtt eis da gesot, dass mer op den Avis vun den Experte waarde géifen. Ech stelle just fest, dass den Avis vun den Experten nach ëmmer net do ass. Also ech soen Iech do wierklech emol meng Meenung: Ech lauschtere wierklech gär op d'Wëssenschaft an ech mengen, mir sollen och op d'Wëssenschaft lauschteren. An ech gesinn och, dass et bei den Aussoe vun der Wëssenschaft esou ass, dass d'Wëssenschaft och gär hätt, dass d'Politik op d'Wëssenschaft soll lauschteren. Mee wann dat esou ass, da muss natierlech d'Wëssenschaft och eppes soen, fir dass mer drop lauschteren, well soss geet dat ganz schwéier. A se muss haaptsächlech eppes zur Zäit soen, dann, wann et sënnavoll ass, fir et ze soen, well mir brauchen den Avis elo, wa mer d'Gesetzestexte stëmmen a wa mer eis Preparatiounen fir d'Rentrée maachen, an net méi spéit.

Dat ass kengem ze no getrueden, mee et ass awer eng Remark. Fir eis wär et wichteg gewiescht, wa mer deen Avis scho gehat hätten. Mir brauchen duerno keng Kommentaren zu deem, wat mer maachen. Mir brauchen Hëllef, fir dass mer déi richteg Decisiounen huelen.

Ech soen dann och nach hannendrun: A wann en Expertegremium sech och net innerhalb vu sech selwer eens ass, well et jo och eng schwéier Matière ass, da kann ech dat och nach verstoen. Mee ech hätt dann awer trotzdem léiwer, dass mer vun deem Komitee déi eng an déi aner Meenung mat den Alternativen, den Argumenter géife kréien an da kéinte mer eis selwer eng Meenung maachen, wéi näischt ze kréien, wat eis d'Decisiounhuelen net einfach mécht.

Dat gesot, kommen ech zu engem anere Punkt. Dat ass, dass mer och wëssen, dass de Virus nach net säi lescht Wuert geschwat huet. D'Wëssenschaft seet eis och, dass am Hierscht eng grouss Gefor an eng grouss Potenzialitéit ass, dass de Virus ënnert dëser Form oder ënner enger mutéierter Form kann erëmkommen.

Mir wëssen, dass mer vulnerabel sinn, well eisen Impftax an eisen Aen net héich genuch ass, well mer och elo keng Protektiounsmoosname méi hunn. A wat mir elo als CSV vun der Regierung verlaangen, dat ass, dass se eng uerdentlech Virbereedung fir September mécht, dass do alles dat, wat mer kënne als Virbereedungsarbecht maachen, esou gemaach gëtt, dass mer am September méiglecherweis prett sinn, fir et unzegoen.

Mir regrettéieren, dass keng Evaluatioun vun deene Moosname gemaach ginn ass, déi mer an deene leschten zwee Joer en place gesat hunn. Wat huet d'Maskepflicht op den Eventer bruecht, an der Schoul bruecht, an de Geschäfte bruecht, am ëffentlechen Transport bruecht? War se sënnavoll? War se net sënnavoll? Wat huet de Lockdown bruecht? Wat hunn déi Ausgangsspären zu deene verschiddenen Zäite bruecht? Ware se sënnavoll oder hu se strictement näischt bruecht? Wat huet den 3G bruecht op der Aarbecht? An der Schoul? Wat huet dat bruecht, dass d'Restaurants um 20.00 Auer, um 22.00 Auer, um 23.00 Auer zou waren, dass mer Spärstonden haten? Wat huet déi Distanciatioun bruecht? War dat sënnavoll? War dat net sënnavoll?

Wann ee keng uerdentlech Léieren aus deene Moosnamen zitt, da setzt ee sech natierlech an eng Situatioun, an där et schwierig ass, wann een am September erëm misst Decisiounen huelen, fir dann déi richteg Decisiounen ze huelen.

Mir regrettéieren, dass dat bis elo net gemaach ginn ass, a mir fuerderen d'Regierung an enger Motioun op, fir esou eng Evaluatioun vun deene Moosnamen ze maachen.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

– constatant que le nombre des infections avec le virus Sars-CoV-2 est de nouveau en hausse ;

– constatant que les experts annoncent une nouvelle vague d'infections pour l'automne ;

– sachant qu'il existe beaucoup d'incertitudes quant à l'apparition de nouveaux variants du virus,

invite le Gouvernement

– à mettre tout en œuvre afin d'être au mieux préparé pour faire face à une nouvelle vague d'infections en automne ;

– à dresser à ces fins un bilan détaillé quant à l'efficacité des différentes mesures mises en place depuis le début de la pandémie et à présenter ce bilan, étoffé de toutes les études statistiques nécessaires.

(s.) Claude Wiseler, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Nancy Arendt épouse Kemp.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci.

M. Claude Wiseler (CSV) | An da widerhuelen ech ganz kuerz nach dat, wat ech och schonn d'lescht Kéier gesot hunn. Mir sinn och der Meenung, dass et natierlech momentan aus verfassungsrechtleche Grënn evidenterweis net de Moment ass, fir iwwert d'Impfpflicht ze diskutéieren. Par contre soe mer awer, dass den Text soll fäerdeg gemaach ginn an allen Instanzen. Mir wëssen net, wat am September geschitt.

An da kucke mer, wat am September geschitt. Elo kënne mer et net maachen. Elo wëlle mer et net maachen. Mee kommt, mir maachen eis prett fir September!

(Interruption par M. Dan Kersch)

An dat selwecht gëllt ... Dat selwecht ... Gelift?

M. Dan Kersch (LSAP) | Dat ass awer nei. Dir hutt dach gesot, et misst een et direkt maachen.

M. Claude Wiseler (CSV) | Mee ech hunn ... ech hunn dat ... Nee, Dir hutt mer déi lescht Kéier net gutt nogelauschtert. Wann den Här President erlaabt, da soen ech genau dat, wat ech d'lescht Kéier gesot hunn: Mir sinn der Meenung, dass et verfassungsrechtlech schwéier justifiabel ass, esou en extreem staarken Aschnëtt ze maachen an engem Moment, wou d'Gefor net immediat ass, mee wou se just fir September hypothetesch ass.

Eng kloer Ausso, mee mir soen: Mir wëssen net, wat am September kënnt. Get ready! An ech hoffen, ...

(Interruptions)

... dass dat am September do ass an dass mer dann, wa mer et brauchen, net zwee Méint verléiere mat Diskussiounen doriwwer. Dat ass dat, wat mer scho säit e puer Kéiere soen.

D'Pandemiegeseztvireedung froe mer scho säit engem Joer. Mir si wierklech der Meenung, dass d'Aart a Weis, wéi mer hei fueren, a sech net ubruecht ass. A mir hätte gär e Pandemiegesezt, an deem d'Aart a Weis, wéi déi Reegelen opgestallt gi vun der Regierung a vun der Chamber, anescht gereegelt gëtt. Och do kréie mer null Echo vun der Regierung an dat selwecht ass d'Äntwert op déi véiert Impfung, wou mir soen, dass déi Leit, déi se fräiwëlleg wëllen, se awer kéinten trotzdem kréien. Dat hunn ech schonn d'lescht Kéier gefrot, virlescht Kéier gefrot. Ech krut keng Äntwert a wäert haut och keng kréien, well d'Madamm Ministesch net do ass. Oder vläicht gëtt den Här Haagen eis eng Äntwert. Ech sinn da gespaant dorop.

Konklusioun: Mir stëmmen deen Text mat, mee mir regrettéieren, dass d'Regierung déi Virbereedungsarbecht, déi an eisen Ae fir September absolutt noutwendig ass, net genügend mécht.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Wiseler.

Une voix | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Gilles Baum (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Merci fir d'éischt dem Här Rapporteur fir säin 30. Rapport, wann ech richteg matgezielt hunn, an där heiter Matière. Mir stëmmen haut de Mëtten Erliichterungen am Prising an am Centre de rétention, wat eng gutt Saach ass. An och an de Spideeler fält de CovidCheck-Regimm jo ewech.

Wat awer an eisen Ae ganz wichteg ass, dat ass, dass mer d'Maskepflicht an de Spideeler an d'Maskepflicht an den Altersheimer bäibehalen, dat, fir eis krank Leit beschtméiglech ze schützen, fir eis eeler Leit ze schützen, eis vulnerabel Leit weider ze schützen.

Et ass gesot ginn, d'lescht Woch gouf et en zimmlech heftegen Ustig vu méi wéi 40 % bei den Neiinfektiounen. Ech mengen, dass léisst een awer schonn „aufhören“ – géife se an Däitschland soen. Mir hunn awer am Moment déi glécklech Situatioun, dass déi Leit, déi krank ginn, e liichte Krankheitsverlaf hunn

an dass déi 40 % Neiinfektioneun sech net an de Spidolsbetter an op den Intensivstationeun nidder-schloen, anescht wéi dat am Hierscht an am Wanter de Fall war.

De Covid ass net fort. Ech mengen, dat ass eis alle-querte bewosst. Mir solle weider oppassen, a ganz besonnesch ee Gest misste mer och weiderhin intus hunn. Dat ass, sech reegelméisseg d'Hänn ze wäsche respektiv sech d'Hänn ze desinfizéieren.

Ech géif elo den Accord gi vun der Demokratescher Partei zu dësem Text. Ech géif awer och de Leit do-bausse soen: Mir sollen de Summer genéissen, mir sollen de Summer virsiichteg genéissen a prett sinn am Hierscht. Wa missten Adaptatioune geholl ginn, da géife mer dat natierlech och maachen.

*(Éternuement)*

**Plusieurs voix** | Gesondheet!

**M. Gilles Baum** (DP) | Gesondheet, Här Halsdorf! Et geet scho lass, et geet scho lass.

*(Hilarité et interruptions)*

Voilà.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Hie kennt eppes.

**M. Gilles Baum** (DP) | Voilà, Geck an den Eck! Ech ginn den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Text.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, villmools merci, Här President. Och ech géif gären ufänken, andeems ech dem Rapportier Mars Di Bartolomeo villmools Merci soe fir sän 30. Rapport hei. Dat ass eng Flüssaarbecht, a mir wëssen allegueren, dass mer eis an deenen zwee Joer ëmmer gutt konnten op de Presi-dent vun der Gesondheetskommis-sioun hei verloo-sen. Merci dofir.

Ech wéilt mech och sengem Appell uschléissen, deen e gemaach huet a senger Interventioun vir-drun, dass mer weiderhi sollten oppassen. Ech mengen, och wa fir deen een oder aneren de Covid vläicht scho wäit ewech ass, hu mer, mengen ech, entre-temps kaum nach ee vun eis, deen net a sengem Émfeld, a senger Famill, a sengem Frëndeskrees oder op der Aarbecht ee kennt, deen am Moment erëm krank ass.

Dat ass ëmmer en Unzeechen derfir, dass mer de Virus nach net lass sinn an dass mer weiderhi sollten oppassen. Mir haten eis an deene leschten zwee Joer eng Hellewull vu Geschie-er ginn, fir deem Virus do Meeschter ze ginn. A lues a lues si mer amgaan-gen, dat Geschie-er erëm an d'Geschie-erkëscht anzepaken. Ech hoffen, dass mer déi Geschie-erkëscht kënnen zou-halen an dass mer déi elo geschwënn eng Kéier kënnen am Keller ganz verstoppen an net méi brauchen dorunner ze denken.

Mir sollten awer wëssen, dass een déi Geschie-erkëscht zu all Moment erëm kann auspaken an dat eent oder anert, falls et néideg ass a falls et misst sinn, erëm muss ervirkropen, fir, wéi gesot, déi Leit ze schützen, déi mer elo zwee Joer laang geschützt hunn, nämlech déi vulnerabel a besonnesch och déi eeler Leit.

Ech wéilt awer och op dat reagéieren, wat de Kolleeg Wiseler vir-drü gesot huet, an ech wéilt nach eng Kéier rappeléieren, wat ech hei uganks des Joers am Numm vu menger Partei an der Debatt iwwer d'Impf-pflicht gesot hunn. Ech hu gesot: Mir si fir eng Impf-pflicht, wa se dann néideg ass. An ech mengen, ech ginn him Recht, wann e seet, dass sech de Moment, an

där Situatioun, an där mer haut sinn, keng Impf-flicht rechtfertegt. Nach, mengen ech, ass et awer gutt, dass mer eis ëmmer op all Eventualitéite prepa-réieren. An dofir ass et gutt, dass mer weiderhin un Texter schaffen an déi Saachen am Tirang leien hunn, falls, wéi gesot, eis de Virus erëm iergendwann eng Kéier géif e Schnippche schloen an eis erëm géif iwwerraschen, esou wéi en dat eigentlech déi lescht zwee Joer ëmmer an ëmmer erëm gemaach huet.

Dat gesot, Här President, soen ech nach eng Kéier dem Rapportier Merci an ech ginn d'Zoustëmmung vun der LSAP zu dësem Gesetz.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An dann ass d'Wuert fir déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Ech wéll och net wäit aushuelen. Ech kommen heihin, well ech héieren hunn, dass ech hei besser gehéiert ginn. An duerfir schwätzen ech da vun hei aus.

A frouer Erwaardung vum Avis vun den Experten, dee mer jo nach net hunn, geet et jo dann haut just ëm eng Suite logique, kann ee soen, vum Gesetz vu virun 20 Deeg, an deem mer d'Maskepflicht an de Prisi-onen an am Centre de rétention nach net ofgeschafft ha-ten, wat mer jo da mat dësem Gesetz nohuelen. Mir begreissen dat natierlech. Mir hunn et och schonn déi lescht Kéier beim Vott iwwer dat Gesetz gefuerdert, well et eigentlech diskriminatoirech géigeniwwer där Populatioun war, déi do an deenen Institutioune leeft. Se ginn elo gläichgestallt mat allen aneren, ausser eebe mat deene Leit, déi am Spidolssektor an am Flegesektor ënnerbruecht sinn, wou d'Maske-pflicht erhalte bleift. Mir fannen dat esou ganz richtig a berechtigt, well et jo grad do ass, wou d'Leit am meeschte geschützt musse ginn, well se vulnerabel sinn, soss wäre se net do ënnerbruecht.

De Grond, firwat mer d'Lackerunge kënnen an och déi leschte Kéier scho konnten decidéieren, läit natierlech dodran, dass d'Spideeler respektiv d'Intensivstatione schonn zanter Méint, kann ee soen, net méi mam Risiko vun der Iwwerbelaschtung konfrontéiert sinn. An et stellt sech och definitiv eraus, dass d'Infektione mat der neier BA.5-Variant an der Moyenne méi harmlos ver-lafen an net méi derzou féieren, dass vill Mën-schen zur gläicher Zäit hospitaliséiert musse ginn.

Fakt ass och, dass nach ni esou vill Antikierperen an T-Zelle géint Coronaviren existéiert hunn, generell well de Gros vun der Populatioun geimpft ass. Och dat däerf een net vergiessen. An awer och, well op d'mannst schonn iwwer d'Hallschent vun der Popu-latioun mam Virus infizéiert war, egal ëm wéi eng Variant et sech da gehandelt huet.

Dës Entwécklung, Dir Dammen an Dir Hären, kléngt ganz sécher positiv, allerdéngs féiert se bei ville Mën-schen zu der Iwwerzeegung, se kéinten net méi infi-zéiert ginn a se wieren och géint zukünfteg Variante geschützt. An et ass dat, op dat ech eraus wéll kom-men. Mir sinn der Meenung, dass dat eng Illusioun ass, an dat gött och vun den Experte bestätegt. Et ass eng Illusioun, déi Haltung ze hunn, an et ass eng Ge-for. Et weist sech nämlech ëmmer méi, dass den neien Omikron-Subtyp mam Numm BA.5 net richtig vun den Immunzellen erkannt gëtt an eebe grad derzou féiert, dass och Geimpfte a Geheelter – Geneesener soe mer oft – sech reieweis ustiechen, wierklech a grouse Gruppen.

Vu datt dës Reinfektione méi harmlos ver-lafen, be-steet kee Grond zur Panik an et besteet och fir eis kee Grond, d'Grondfräiheete wéinst de steigenden Infektionszuelen aleng nees anzeschränken. Dat

wier weeder verhältnisméisseg nach ugemooss, nach gëeegent a géif eis demokratesch Grondprinzippien eigentlech iwwer Bord ge-heien.

A mir mengen och als Gréng, dass d'Impf-pflicht, wa mer dovu schwätzen, momentan schonn aleng psycholo-gesch ganz schwéier ze ver-mëttelen wier, well et eigent-lech net ze verstoen ass, wann een engersäits seet: „D'Infektione sinn harmlos, mir maachen op“, an op där anerer Säit féiere mer d'Impf-pflicht an. Mee, wéi gesot, mir waarden op den Avis vun den Experten, dee méi déifgräifend ass wéi dat, wat ech elo gesot hunn, an hoffentlech och gläich wäert kommen.

Allerdéngs ass deen harmlose Ver-laf vun den Infek-tiounen, op deen ech elo agaange sinn, kee Grond fir ze mengen, mir hätten d'Pandemie hannert eis – och dat ass vun de Virriedner scho gesot ginn –, well och eng Ustiechung mat der BA.5-Variant kann a gewësse Fäll zu engem ganz problematesche Ver-laf féieren, an dat besonnesch bei eelere Mën-schen a bei Mën-sche mat ageschränkten Immunsystemer oder eebe mat Virerkrankungen, an anere Wieder: bei deene vul-nerabele Persounen, déi mer an der Pandemie ni ver-giess hunn an och ni däre vergiessen.

Schonn aleng aus Respekt virun hinne solle mer déi néideg Virsiicht walte loos-sen. Virun allem denken ech un d'Gestes barrières, déi Der allegueren kennt, wat keng Fräiheitsaschränkung ass a wat och net eis Grondrechter aschränkt. Och wa mer eng Mask un-hunn, kënnen mer eis fräi beweegen a mir sinn net an eise-m Liewen ageschränkt. An deem Sënn ass meng Hoff-nung jiddwerfalls grouss, dass eis Gesellschaf-t mittlerweil geléiert huet, wat et heescht, Eegeverant-wortung ze iwwerhuelen, fir fräi kënnen ze liewen.

Zum Schluss, Här President, wéilt ech mech awer nach explizit vun enger Haltung distanzéieren, déi awer ufänkt, sech an eiser Gesellschaft breetzemaachen, an duerfir wéilt ech se kuerz ernimmen. Et ass déi, ze behaupten, dass een de Corona elo souzesoe gönschteg kritt, méi gönschteg wéi jee vir-drin, an dass ee sech eigentlech bewosst soll infizéieren, fir am Hierscht net méi krank ze ginn. Natierlech gehéieren Infektione zum Alldag vu ville Mën-schen a Famil-len, an et kann een och Infektione net verhënnen. Eng bestëmmt Infektione awer carrement ze recom-mandéieren, fir sech virun enger anerer Infek-tion ze schützen, fanne mir ganz sécher net de rich-tege Wee. An et ass eigentlech absurd, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | ... well et ass carrement irresponsabel, Infektioneun op déi liicht Schëller ze huelen, egal ëm wéi eng Varianten et sech handelt. An duerfir wär ech frou, wann déi do Hal-tung sech zu Lëtzebuerg net géif duerchsetzen.

Mat engem Merci natierlech zum Schluss nach un den Här Rapportier fir déi vill Aarbecht, déi e mat dësem Projet de loi bestëmmt net hat.

Mer-ci.

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Ma-damm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kollee-ginnen a Kollee-gen, fir unzefänken e Merci dem Här Rapportier, dem Här Mars Di Bartolomeo, fir säi Rapport, dee fir d'ADR weider an déi richtig Richtung geet, nämlech vum hoffentlech geschwé kompletten Ophiewe vun alle Covidrestrik-tiounen am Land. An et ass ze hoffen an ze wënschen, dass dëst antreffe kann. Mee mir mussen awer weiderhin oppassen, et ass net eriwuer. Dee Message soll och eriwuer-go-en.



Natierlech ennerstëtzt d'ADR, dass mat dësem Gesetz d'Maskepflicht am Prisong an och am Centre de rétention fale gelooss gëtt. Och dass d'Dauer vun der Quarantän vum zéng Deeg op siwen Deeg erfogesat gëtt, begreisse mer, soudatt mer, wéi scho bei deene virgezte Gesetze, och dës Kéier bereet sinn, dësen Text matzedroen.

Mir wëllen awer als ADR eng Rei Iwwerleeungen a Remarken ubréngen. Dir wësst mëttlerweil, dass mer eis während der ganzer Covidkris géint all Aschnëtter an eis verfassungsméisseg garantéiert Grondrechter a Fräiheeten ausgeschwat hunn. An där Traditioun bleiwe mer dobäi, dass fir eis eng Impfpflicht, esou wéi d'Regierung se anscheinend nach ëmmer gär hätt, net a Fro kéint, weeder generell nach sektoriell. De Prinzip ass a bleift fir eis dee vun der Fräiwëllegeit vun der Impfung!

Wéi ass et dann iwwerhaupt elo mat deem grouss ugekënnegten Impfpflichtprojet, deem am Januar lancéiert gi war? Vill Leit dobause froe sech dat. Mir stelle jiddefalls fest, dass d'Regierung sech hei weeder eens ass, nach dass si konsequent handelt. A sech sollt dee Projet scho virun der grousser Vakanz virgestallt ginn. Ma elo zweifelt souguer eis Gesundheitsminister op eemol un esou enger Pflicht, wéi si dat nach rezent an engem Interview am „Tageblatt“ verlaude gelooss huet. Do sot si enner anerem dës, ech zitieren: „Ist eine Pflicht in unserer freien Gesellschaft das, was die Menschen überzeugen wird? [...] In Italien und in Griechenland, wo sie diese Impfpflicht haben, hat das nicht ganz viel bewirkt.“

Här President, mat esou enger Grondastellung desavouéiert si zu Recht den Optritt vun eisem Här Premierminister an dësem héijen Haus, dee sech kloer fir eng Impfpflicht ausgeschwat huet. Et schéngt, als hätt de Premierminister elo schonns, e Joer virun de Wale, seng Regierung net méi am Grëff.

**Plusieurs voix** | O!

(Interruption)

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Dat verspricht jo, nach e spannend Joer ze ginn!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Offiziell gëtt sech hannert engem ...

(Hilarité, brouhaha et coups de cloche de la présidence)

**Une voix** | E laacht iwwer sech selwer.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Här President, ech stelle fest ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift, den Här Engelen huet d'Wuert a soss keen!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Offiziell gëtt sech hannert engem Avis vun Experte verstoppt, deem op sech waarde léisst an elo anscheinend fir Mokuchsday kann erwaart ginn.

**Plusieurs voix** | O!

Gemenzt ass den Avis vum sougenannte „Conseil scientifique“, deem d'ADR ganz gär méi breet opgestallt hätt. Mir haten doriwwer hei diskutéiert, awer leider goufen eis Propositione vun der Majoritéit net uegoholl.

Mir bleiwe bei der Meenung, dass eng Pandemie potenziell all Secteur vun der Gesellschaft betrëfft an dass wichteg Recommandatiounen dowéinst und vun Experten aus méiglechst ville Beräicher solle formuléiert ginn.

Mir gesinn op ëmmer méi Plazen an Europa, dass d'Iddi vun enger Impfpflicht fale gelooss gëtt, sou

zum Beispill an Éisträich. Mir fuerderen da vun eiser Regierung, dass si da selwecht och mécht.

**M. Roy Reding** (ADR) | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | D'ADR stellt sech och d'Fro, firwat elo nach e Covidcertificat néideg ass. Mir wollten ni, dass de Certificat sollt e permanent Dokument ginn a scho guer kee Reesdokument. Wat sinn also d'Intentione vun der Regierung, wat de Covidpass uegt? A wat geschitt mat all deenen Donnéeën, déi fir dee Pass erhuewen a gesammelt goufen? Wéini ginn déi zerstéiert a wéi eng Reegele vum Dateschutz ginn hei applizéiert?

An deem Sënn géif ech eng Motioun deponéieren.

**Motion 2**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

– ass besuergt iwwer d'Iddi, den „Impfpass“ op europäischem Niveau oder iergenden aner international digital medezinnescht Dokument bei engem Grenzübergang virzeweisen;

– empfënt esou eng Prozedur als drastesch Agrëff an d'Reesfräiheet, déi e Piller vum europäesche Bannemaart duerstellt;

– gesäit, dass den „EU-Impfpass“ eng Zwouklassegesellschaft mat sech bréngt, an där geimpft Persounen méi Rechte wéi net geimpft Persounen hunn;

– ennersträicht, dass d'Grondrechter an d'perséinlech Fräiheete vun de Bierger an de Schutz vu senger privaten Donnéeën durch esou eng Zertifikatioun net duerfen a Fro gestallt ginn;

– decidéiert, fir eng solidaresch Gesellschaft anzetrieden, an där d'Perséinlechkeitsrechter vun de Mënsche geschützt ginn a géint d'Gefor vun engem „gliesene Bierger“ virgaange gëtt,

fuerdert d'Regierung op,

– derfir ze suergen, dass déi fräiwëlleg Decisioun, fir sech impfen ze loossen oder net, haut an an Zukunft keng Auswirkungen dierf op déi individuell Fräiheeten hunn;

– sech derfir anzesetzen, dass déi duerch d'Corona-Moossname weesentlech erschwéiert Reesfräiheet an der EU nees integral garantéiert ass;

– den „EU-Impfpass“ als temporär sanitär Moossnam ze bëendegen, d'Dokument fir ofgelaf ze erklären an all do mat gesammelt Donnéeën ze zerstéieren.

(s.) Jeff Engelen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Här President, mir musse Léieren aus der Covidzäit zéien. Et wär gutt, wa mer eng vollkommen onofhängeg an neutral Evaluatioun kéinten an Opdrag ginn, inklusiv iwwer déi Aspekter, déi vu problematescher Natur waren, wéi zum Beispill de Respekt vun eise Grondrechter oder de repressiven Émgang mat den Demonstranten.

Mir gesinn och, dass a Frankräich eng Diskussioun bei den Dokteren opkënn, déi d'Covidkris als méi harmlos wëllen duerstelle wéi dat, wat d'Regierung eis erzielt. Wéi och ëmmer, mir wëssen et net. Mir mussen onbedéngt elo Moossnamen treffen, fir eis Gesellschaft besser op Krise virzubereeden. D'Aktualitéit weist eis nees, wéi wichteg dat ass. Eng besser Virbereedung op den Noutfall muss sinn. Dat kann awer net eng Delegatioun vun eise souveräne Rechter un international Organisatiounen sinn, wéi zum Beispill d'EU an d'WHO.

**Une voix** | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Ech soen Iech Merci fir Är Opmerksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Engelen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, villmools merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt emol merci dem Rapportier fir säin x-te Rapport zu dësem Gesetz. An ech mengen, et ass ganz kloer, dass mir d'Ophiewe vum CovidCheck-Regime an de Spideeler an an de Fleegeheemer natierlech begreissen. Mir stoungen dem CovidCheck-Regime ëmmer relativ kritesch géigeniwwer.

An ech muss soen, ech fannen de Constat, deem à la base ass vun dëser Ophiewung, ganz interessant. An zwar, ech zitieren et nach eng Kéier, well et wierklech interessant ass. An ech mengen, et muss een et och wierklech héieren. Dat ass, ech zitieren: „ni la vaccination [...], ni l'infection guérie ne confèrent une protection significative contre une nouvelle infection“, a weider: „Il ne fait [...] plus de sens de continuer à exiger un CovidCheck 3G.“

Bon, ech muss soen, fir eis sinn dës Constate ganz richtig. Mir soen dat och scho méi laang. An dofir ginn ech dann och kuerz e Kommentar dozou. Dës Constat ass fir eis net rezent. Hei steet dann, dee Constat war esou eng rezent Informatioun. Ech muss soen: Esou rezent, mengen ech, ass dat net. Mir wëssen dat och scho méi laang, dass ee sech trotz Impfung kann ustiechen. Natierlech ass et ëmmer nach eng Protektioun virun de schwéiere Verleef, dat ass kloer. Mee dass ee sech trotz Impfung kann ustiechen, ass net esou rezent gewosst.

Zweetens géif ech gär soen, dass mir, genee wéi d'Mënschrechtskommissioun, ëmmer virun engem extensive Gebrauch vum CovidCheck-Regime gewarnt hunn. Mir waren der Meenung, dass dës Regime net onbedéngt néideg ass, well e verschidde Kritäre wéi notament d'Noutwendegkeet vun deene Mesuren an awer och d'Proportionalitéit net onbedéngt anhält. A mir sinn deemno och wierklech frou a begreissen dës Ophiewen. Besser spéit wéi ni!

Ech mengen, elo besteet de Risiko – an dat seet jiddwereen am Moment –, dass d'Ophiewung vun dem CovidCheck-Regime an de Spideeler, an de Fleegeheemer awer erëm am Hierscht kéint réckgäנגeg gemaach ginn. Ech mengen, dass steet e bësslechen esou am Raum, wat den Hierscht uegt. Dat ass och kloer. Ech verstinn dat och. Ech muss awer soen: Au vu vun deem Constat, deem ech virun hei zitéiert hunn, an zwar, dass et kee Sënn méi mécht, dee CovidCheck ze hunn, muss ech soen, froen ech mech, wat mer musse vun Donnéeën hunn am Hierscht, wa mer dat erëm géifen aféieren, also wann d'Regierung dat erëm géif aféieren. Dat soe jo vill Leit, dass dat kéint erëm passéieren. Wéi eng Donnéeë misste mer hunn, wéi eng Elementer misste mer hunn, fir dass dat geschitt?

Ech mengen, d'Zuele kënnen et jo bal net sinn, well d'Zuele sinn am Moment och relativ héich. Dat gouf och elo vun de Kolleegen hei gesot. Ech froe mech dann, ob mer bis dohinne eventuell en freie Vaccin hunn, deem eng aner Effikasitéit huet. Déi Fro steet am Raum. D'Madamm Ministesch ass elo net do, mee et géif mech interesséieren ze wëssen, wou mer mat de Vaccinen dru si fir den Hierscht.

Jo, d'Zuele gi jo dann effektiv am Moment immens an d'Luucht. Ech mengen, dat huet jiddwereen elo gesot. An dat weist eis natierlech eng gewësse Kontrolllosgescheet, an där mer awer sinn. Do gesäit een och, dass de Virus net Nationalfeierdag ofgewart huet, fir erëm an d'Luucht ze goen. An ech mengen, eppes ass kloer, dat huet scho jiddwereen hei elo gesot: Mir

müssen immens oppassen! An dofir muss de Message no bausse kloer sinn – och wa mer elo hei déi Mesurê lackeren –, dass mer awer extreem oppasse müssen, grad elo, wou d'Zuelen esou an d'Luucht ginn. Ech mengen, jiddweree vun eis kennt Leit, déi grad positiv sinn.

Wa mer dann d'Ophiewe vum obligatoreschen 3G begréissen, muss ech ganz kloer soen, dass dat net bedeit, dass mer fir keng Moosname sinn. Mir si ganz kloer fir d'Maskepflicht bei de vulnerabele Leit, also eeben och an de Spideeler an an de Fleegeheemer. Mir fannen et gutt, dass dat bleift. Ganz kloer: De Krittär misst d'Vulnerabilität an eeben och d'Proportionalitéit sinn a mir mengen, dass do d'Maskepflicht awer definitiv proportional ass. A weiderhi muss een extreem oppassen – wéi ech scho gesot hunn – op d'hygieenesch Gesten a Masken an och dorop, déi richteg Mask unzedoen. Dat muss definitiv de Message no bausse bleiwen. Mir dierfe keng falsch Sécherheeten no bausse ginn an do musse mer eeben, wéi gesot, grad haut immens oppassen, wou mer dës Lacke- runge stëmmen, well mir sinn net iwwert de Bierg.

Dann, ganz kloer, et wonnert Iech net: Mir si ganz frou iwwert de Fait, dass d'Moosnamen am Prisong an am Centre de rétention endlech opgehewe ginn. Ech hu mech hei dacks dozou geäussert an dacks kritiséiert, dass an där Parallellwelt, déi d'Prisongen an de Centre de rétention sinn, dës Moosname bliwwen sinn. Dat ware fir ons kloer Diskriminatiounen a mir si ganz frou, dass déi endlech opgehewe ginn. Ech muss soen, och do war dat net evident, well am éischten Entworf war dat net esou virgesinn, no den Diskussiounen an der Kommissioun ass dat awer endlech trotzdeem och esou geschitt, dass och déi Populatiounen do d'Recht hunn, d'Moosname gelackert ze kréien.

Dann, mengen ech, ass et nach eng Kéier ganz wichtig, dass mer och am Kampf géint e Virus, an deem mer nach ëmmer sinn, dat gesamtgesellschaftlech Bild an déi gesamtgesellschaftlech Schied net aus den Ae verléieren. Mir müssen oppassen, net am Hierscht erëm a weider Diskriminatiounen ze verfalen an Exklusioun ze bedreiwen, wéi dat gemaach gouf. Mir alle- guerte wëssen, dass d'Verléierer déi Jonk an déi eeler Leit sinn a waren. Mir haten hei Debatten iwwert d'mental Gesondheet, déi extreem gelidden huet, virun allem bei de jonke Leit an och bei den eelere Matmënschen. Mir dierfen esou Saachen net méi widerhuelen, wou mer esou vill Schied – an dat sinn net just individuell Schied, mee dat si kollektiv, gesamtge- gesellschaftlech Schied – provozéiert hunn. Dat musse mer am Bléck halen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Dat dierfe mer net nach eng Kéier maachen!

Nach zwee ganz kuerz Punkten zu der Impfflicht. Jo, et steet am Raum, wou déi drun ass. Ech héieren hei e bëssen alles an näischt vun Usoen, ob déi elo kënnst oder net. Ech muss soen, au vu vun deem Constat, deem ech virdrun hei zitéiert hunn, froen ech mech e bësselchen, ob déi elo nach ka kommen. Mir wëssen och, dass ee vun den Experte sech rezent kritesch zur sektorieller Impfflicht geäussert huet an au vu vun deem Constat, deem ech, wéi gesot, virdru genannt hunn, froen ech mech, ob déi elo nach esou ka kommen.

An dann nach eng kuerz Ausso zum Impftaux: Ech hunn hei virdrun e Kollege héiere soen, eisen Impf- taux wier net esou héich. Ech muss soen, eppes, wat net oft gesot gëtt, ass, dass déi Leit, déi am Ausland geimpft goufen, ... ech weess net, wéi wäit déi er- faasst ginn. Dat ass wierklech eng Fro, déi steet ...

**Une voix** | Guer net.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Guer net, gouf scho gesot. Maja, eeben. Ech mengen, dohier kann een dovunner ausgoen, dass eventuell den Impftaux méi héich ass, wéi deen, dee mir offiziell hunn, well mir héieren alleguer vu Leit, mengen ech, déi als Student oder och als Netlëtzebuerger am Ausland geimpft goufen an esou net erfaasst goufen a Bréi- wer geschéckt kréien, an deene se invitéiert ginn, sech impfen ze loosson, obwuel se geimpft sinn. Dofir mengen ech: Eisen Impftaux ass warscheinlech bes- ser wéi deen offiziellen.

Dat gesot, villmools merci fir d'Nolauschteren. A wéi gesot, mir stëmmen dëse Projet natierlech mat. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, schonns dräi Wochen – bon, net emol genau dräi Wochen –, nodeems mer déi lescht Covidännerung gestëmmt hunn, kënne mer dat dann haut schon nees maachen. An d'lescht Joer war et éischter esou, dass mer all dräi Wochen hu misse verschärfen, dës Kéier kënne mer no dräi Wochen nach eng Kéier labberen. An ech mengen, et ass jiddweren- gem vun eis awer eng grouss Freed, trotz de steigen- den Zuelen, dass mer hei nach eng Kéier Labberunge kënne maachen.

Sécher kann ee sech froen, firwat dës Mesuren net schonns éischter geholl goufen, Wa mer et virun dräi Woche konnte maachen, dann hätt ee vläicht deen heite Jet och scho kënne matmaachen. Dat hätt een héchstwarscheinlech kënnen, ma et gouf jo och dis- kutéiert. Schlussendlech huet d'Regierung dat net zrëckbehalen, soudatt et dann dräi Woche méi laang gedauert huet. Mee um Enn vum Dag, mengen ech, ass eppes, wat dës Pandemie eis geléiert huet: dass ee virsiichteg a schrëttweis virgoe soll.

A vis-à-vis vun all deenen Onsécherheeten, an ech mengen, d'Kollegeinnen an d'Kollegen hunn et hei op der Tribün scho gesot: Mir hunn e Virus, deen nach ëmmer mutéiert, deen nach ëmmer zirkuléiert, a wou mer einfach immens grouss Onsécherheeten hunn, wéi et weidergeet. An do stellen ech mer dann einfach d'Fro ... an dat mécht mer dann awer e bësse Suergen, dass mer e Mount méi spéit nach ëmmer op en Avis waarden an dat d'Regierung net kloer faarf bekennt.

Iergendwann eng Kéier ass et och un de Parteien, fir kloer politesch Choixen ze maachen, fir kloer ze trennen, wat se dann elo wëllen oder net, an dat dann och ze kommunizéieren. Mir Piraten hunn dat an eisen Debaten hei an der Vergaangenheet scho gemaach, wann et ëm d'Impfflicht geet. Bei der Re- gierung, jee nodeem, wéi eng Partei oder wéi ee Minister ee freet, oder dann aus der Majoritéit, jee nodeem, wéi een Deputéierten ee freet, héiert een eng Kakophonie u verschiddenste Messages: Mir wëllen eng Impfflicht; mir wëlle keng; mir wëllen eng sektoriell; mir wëlle keng sektoriell; mir wëlle se nach am Summer stëmmen, fir dass mer se am Hierscht hunn; jo, vläicht komme mer dann awer nach eng Kéier fréi am Hierscht zesummen.

Also ganz éierlech, domadder mécht ee kee Vertraue bei de Leit. An ech mengen, souguer bei Iech op där doter Säit ... Also, dass mir op där heiter Säit – op där Säit, op där ech an der Chamber setzen – net am „se- cret des dieux“ sinn, verstinn ech jo, mee wann een awer Vertraue fir eng Impfflicht wëll opbauen, léif Kol- legeinnen a Kollegen, da muss awer weinstens d'Ma- joritéit iergendwann mat enger Stëmm dozou kënne schwätzen.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Haalt Iech un dat, wat d'Ge- sondheetsministesch seet, da sidd Der gutt beroden!

(Interruption)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här Kersch, souguer an Ärer Partei gëtt et jo ënnerschiddlech Aussoen.

(Coups de cloche de la présidence)

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Zu deem doten Thema: Haalt Iech un dat, wat d'Gesondheetsministesch seet, da sidd Der gutt beroden!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, ...

(Interruption)

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Genau dat.

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... ech hu keng Fro héiere vum Här Kersch, da muss ech och net drop agoen. Dat do war alt erëm nëmme fir ze stéieren.

(Interruptions)

**M. Roy Reding** (ADR) | Comme d'habitude!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech mengen, trotz den héijen Infektiounszonele si mer an de Spideeler am Moment an enger stabiller Situatioun an dat erlaabt eis, eebe genau dës Mesuren och elo am Gesond- heetssektor an am Fleegektor ze labberen. Den obligatoresche CovidCheck gëtt soumat, nodeems e scho quasi iwwerall verschwonne war, dann elo och fir Visitten am Spidol oder am Altersheem ge- strach, während d'Maskepflicht awer bestoe bleift. An ech mengen, dass dat och e wichtige Choix ass fir ze soen, dass mer weiderhi grad am Émfeld vu Vulnera- belen op Maske setzen.

Ze betounen ass dobäi awer, an ech sinn es och net midd ginn, an der Kommissioun ze betounen – an ech sinn och dem Rapporteur, deem ech fir de Rapport Merci soen, dankbar, dass en déi Umierkungen nach mat an de Rapport opgehollet huet –, dass mer d'Haus- recht an domadder och d'Méiglechkeet fir Dokteren, eng Maskepflicht an hire Praxisen duerchzusetzen, nach eng Kéier kloer am Rapport verankert hunn. Et ass heiands: „Ça va mieux en le disant“. Et ass dat, well u sech d'gesetzlech Basis kloer war, mee wa souguer de Collègue médical Froen opwerft, wann d'COPAS Froen opwerft, da sollt een déi am Rapport zumindest och beäntweren. Merci nach eng Kéier, dass dat gemaach gouf.

D'Kollegeinnen a Kollege virdrun hunn hei vun onofhängegen Etüde geschwat. Also fir déi, déi vir- drun nach net mat hire Fraktiounscheffe geschwat hunn: Mir kruten allegueren eng Invitatioun, fir den 11. Juli elo mat der OECD, mat enger onofhängeger Kommissioun, ze schwätzen, fir eebe genau bei esou enger Etüd matzemaachen. Also, ech di mech wierk- lech schwéier, elo ze soen: „Mir fuerderen nach eng onofhängeg Etüd“, wa mer nach net emol wëssen, wat bei där éischter erauskënnt. Et kann een driwwer streiden, ob se net hätt éischter misse kommen. Do sinn ech ganz bei der CSV, dass déi hätt misse éisch- ter kommen. Mee ech sinn awer der fester Iwwerzee- gung, dass mer elo emol d'OECD müssen hir Aarbecht maache loosson an net elo schonn d'Onofhängegkeet vun der OECD sollten a Fro stellen. Dat ass awer e bësse wäit hiergeholl. Deementspriedend zur Etüd: Et hätt misse éischter kommen. Ech sinn awer frou, dass mer do elo allegueren, och d'Chamber, gehéiert ginn.

Virdrun hunn ech hei nach e farfelut Argument zum Datschutz héieren, wou Froe gestallt goufen. Also, ech hu mech an där Kommissioun vill mat den Datschutzfroen auserneegesat an ech si mer relativ sécher, dass am Gesetz op all Fro, déi hei op der Tribün gestallt gouf, eng ganz kloer Äntwert drasteet an dass een u



sech nëmmen eng kleng Lektür vum Text misst maachen an da wär een och méi schlau ginn an et misst een net hei an der Chamber e Stunt maachen.

Bref, dat gesot, eng weider Labberung, wéi se hei am Projet steet, fënnt eise Support. Mir Piraten begréissen et a kënnen duerfir mat Freed eisen Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Regierung huet d'Wuert, den Här Claude Haagen als Vertrieeder vun der Madamm Gesondheitsministesch Paulette Haag..., Paulette Lenert.

(Hilarité)

Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha)

**Une voix** | Wat seet déi Madamm, déi bei Iech doheem wunnt?

(Hilarité)

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Et ass en neien Numm an d'Anegalerie derbäikomm!

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert net!

### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale (en remplacement de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé) | Merci, Här President. Dat bedeit, dass ech den Owend fréi muss doheem sinn.

Gutt. Merci dem Rapporteur fir deen – et ass gesot ginn – x-te Rapport vun där heiter Legislatioun. Verschidde Virspriecher a Virriedner hu jo am Fong gesot, wéi se déi verschidden Decisiounen, déi an dësem Gesetzestext stinn, analyséieren. Ech mierke jo och – an dat schéngt sech jo och esou unzabanen –, dass mer hei bal eng Unanimitéit kréien. Ech hoffen et op jidde Fall. Wat och fir d'Labberunge sprécht an och fir d'Decisioun, déi d'Regierung geholl huet.

Omikron BA.5, Omikron BA.2, Dir gesitt, mir sinn allkéiers alleguer zesumme mat neie Variante konfrontéiert, Ennervarianten, déi kommen. An dofir ass et och relativ schwiereg, ëmmer direkt Decisiounen ze huelen, wann een d'Analys nach net huet, wéi déi Varianten an Ennervariante sech wäerten duerchsetzen, wéi se wäerten agéieren, wéi se wäerte variéieren a wat fir een Input se ganz einfach bréngen op d'Decisioun vum der Medezinn, vun der Hospitalisatioun. Et ass also och wichteg, dass ze analyséieren an deementsprechend och déi Decisiounen ze huelen.

Mir mierken, dass dës Variant am Fong d'Infektioun net esou schützt, mee dass e schwierige Verlaf vun der Krankheet hei ganz staark geschount gëtt, wann een eeben eng Impfung huet (veuillez lire: Mir mierken, dass d'Impfung am Fong net esou virun der Infektioun schützt, mee dass e schwierige Verlaf vun der Krankheet ganz staark gebremst gëtt, wann een eeben eng Impfung huet). An dat beweist och ganz einfach, dass, och wann den Taux vun de Leit, déi sech infizéieren, an d'Luucht geet, d'Hospitalisatiounen op den Intensivstatiounen nach niddreg bleiwen. Dat ass och ugeschwat gi vu verschiddene Riedner. Et ass gesot ginn, dass d'Zuel vun den Infektiounen, déi an deene leschten zwou, dräi Woche komm sinn, an d'Luucht gaangen ass, awer dass d'Zuel vun de besate

Better op den Intensivstatiounen ëmmer nach onverännert bleift.

Wat och vläicht interessant ass, dass ass, dass d'Uni Lëtzebuerg eng Modellisatioun gemaach huet iwwert déi méiglech Evolutioun vum Omikron BA.5, wat fir eng Well do op eis zou géif kommen. Dat ass am Fong, dass do keen esou e pessimisteschen Zeenario vun enger bedeitender Well wäert sinn – natierlech actuellement op déi heite Variant baséiert – an dass dat domadder och kee groussen Impakt op eise Gesondheetssystem hätt.

Déi verschidden Aspekter vum Projet de loi si gesot ginn, iwwert d'Spideeler an d'Altersheimer a Fonctioun vum 3G, mam Port de masque, d'Dauer vun der Isolatioun geet vun zéng op siwen Deeg erof an dann hu mer natierlech och d'Ofschafung vun de spezielle sanitäre Moossnamen am Prisong an am Centre de rétention.

Wat net ugeschwat ginn ass, mengen ech, ass awer och an deem Fall, dass um Niveau vun der Loi communale och bis den 31. Dezember vun dësem Joer d'Méiglechkeet vum Vote par procuration oder vu Videokonferenz fir de Gemengerot, Schäfferot an de Verwaltungsrot vum CGDIS nach ëmmer en vigueur bleift.

Vu verschiddene Virriedner ass den Avis vun den Experten ugeschwat ginn. Et ass richtig, mir als Regierung waarden op den Avis vun den Experten. Ech hunn elo nogefrot. Et soll – ech schwätzen elo am Conditionnel – ufangs der nächster Woch eng Pressekonferenz sinn, wou deen Avis vun den Experte soll virgestallt ginn. An ech denken, dass dann déi Prozedur och esou kënnt, wann dat ass, dass et dann an déi zoustänneg Santéskommissioun kënnt, wou natierlech dann och déi Experten ...

(Interruption)

Dozou kann ech Iech elo nach keng Ausso maachen. Wann dat esou ass, da begréisst mir dat och. Dat ass dann d'Chamber, déi dat wäert froen. Ech kann Iech elo nach net d'Auerzäit soen. Ech weess och net, wat fir een Dag dat ass. Ech kréie just gesot, dass dat ufangs der nächster Woch ass, dass dat da schlussendlech kënnt an dass dann natierlech déi Experte wéi déi leschté Keier och der Chamberskommissioun, denken ech, Ried an Äntwert wäerte stoen.

Da komme mer natierlech op déi verschidde Problemer oder Iwwerleeungen am Kader vun enger Impfflicht ze schwätzen, déi ugeschwat gi sinn, wou dann a Fonctioun vun deem Avis d'Parteien an d'Regierung sech wäerte positionéieren, fir eeben, compte tenu vun deem Avis, och Decisiounen ze huelen.

Den Dateschutz ass ugeschwat ginn. Do kann ech mech nëmmen deem ralliéieren, wat den Här Clement gesot huet. Et steet an de Projet-de-loien, wat domadder geschitt. Dofir: Zu der Motioun deelen ech seng Meinung.

Déi Analys, déi och gemaach gëtt vun der CSV ... Rien n'empêche, dass mer aner Analyse kënnen maachen, mee déi vun der OECD ass amgaang, gemaach ze ginn, an ech hoffen och, dass déi relativ zügig fäerdeg ass. Den Datum vun der Chamber, wéini dass déi Gespréicher solle lafen, ass jo och bekannt. Rien n'empêche, dass een aner Etüden do kann uschléissen. Dofir hu mir och als Regierung domadder kee Problem, fir mat op dee Wee ze goen.

Dat gesot, géif ech Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Haagen, a Verriedung vun der Madamm Gesondheitsministesch. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kënnen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8030 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8030<sup>8</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8030 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. Da waarde mer nach e bëssen. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt (par M. Gusty Graas), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### **Motions**

Da musse mer nach bei déi zwou Motiounen kommen, déi am Kader vun dëser Debatt deposéiert gi sinn.

### **Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi den Här Claude Wiseler deposéiert huet. Den Här Yves Cruchten freet d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, merci, Här President. A wéi Der wësst, stëmme mir jo quasi all d'Motiounen vun der CSV mat.

(Hilarité)

An esou ass dat och bei där heiter. Wa se Sënn maachen, da stëmme mer se natierlech mat. Ech mengen, et ass jo och schnonn drop geäntwert ginn: Mir sinn en attente och vun enger Expertise vu baussen, vun der OECD. Ech mengen, et ass wichteg, dass mer vu baussen och e Bléck drop hunn, dass mer eis och kënnen am Verglach mat anere Länner kucken. Ech erënnere och drun, dass nach eng Etüd gemaach gëtt oder dass mer selwer nach evaluéieren, wat de Large-Scale bruecht huet. Och dat gehéiert dozou.

Selbstverständlech ginn ech och dovunner aus, dass et am Ausland, wou sech déi selwecht Froe stellen, och nach wäert wëssenschaftlech Auswärtunge ginn. Ech mengen, dass dat heite géif duerchaus Sënn maachen, dass mer eis ... Selbstverständlech sollte mer eis

preparéiere fir den Hierscht. D'Gesondheitsministesch an d'Regierung hu méi wéi eng Kéier rappeléiert, dass se äifreg dorunner schaffen, fir am Hierscht preparéiert ze sinn op all Eventualitéiten, an dass mer effektiv Moossnamen, déi mer kënnen evaluéieren, och sollten evaluéieren, fir ze wëssen: Brénge se eppes? Wat hu se bruecht? A kënnen mer se an Zukunft an anere Situationsen nach eng Kéier brauchen?

Duerfir géif ech proposéieren, dass mer déi Motioun hei sollten unhuelen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Cruchten. Kënnen mer à main levée iwwert dës Motioun ofstëmmen?

(Assentiment)

### **Vote sur la motion 1**

Wien d'accord mat der Motioun ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg guttgeheescht.

### **Motion 2**

Da komme mer zur Motioun Nummer 2, déi vun der Sensibilitéit ADR deposéiert ginn ass. Nach eng Kéier fir d'éischt den Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Jo, hei ass et ëmgedréint. Déi heite Motioun kënnen mer natierlech net guttheeschen. Ech mengen, och schonn esou, wéi se verfaasst ass ... Op dee ganze Volet vum Dateschutz brauch ech net méi anzegoen, dat hat de Sven Clement schonn a senger Interventioun virweegeholt. Ech mengen, do huet en och Recht. Mee hei gëtt geschwat vun enger Zwouklassegesellschaft, vun deenen, déi geimpft sinn, an deenen, déi net geimpft sinn. Ech wëll awer nach eng Kéier rappeléieren, dass d'Impfen oder Netimpfen awer e Choix fir jiddweree war. An da soll ee sech och duerno net ...

(Interruption par M. Roy Reding)

Wat sot Dir?

**M. Roy Reding (ADR)** | Mee d'Konsequenzen net!

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Merci, Här Reding. Et freet mech, Iech ze héieren. Dass Der de Mëtten hei sidd, dat ass eng grouss Freed fir eis alleguerten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

(Brouhaha)

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Dir kënnt roueg méi dacks kommen.

Da wollt ech awer och soen, dass hei eigentlech gefuerdert gëtt, dass quasi alleguerten déi Moossnamen, déi mer esou geholl haten, definitiv ewechfale sollen. Ech mengen, domadder kënnen mer net d'accord sinn. Gradesou wéi den EU-Impfpass ... Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, dass mir zwar elo hei Summer hunn, mee dass op anere Plazen op dëser Äerdkugel elo net Summer ass, dass et do Wanter ass, dass do vläicht d'Situatioun eng aner ass wéi hei. An duerfir géif ech net mengen, dass mer elo scho sollten alles an den Drecksbac geheien. Mee op alle Fall sollte mer déi heite Motioun net stëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Cruchten. An den Här Reding huet direkt d'Wuert gefrot.

**M. Roy Reding (ADR)** | Jo, merci, Här Cruchten. Dir hutt mech direkt ugeschwat, duerfir wëll ech dann och äntweren.

Déi Motioun ass extreem wichteg weinst der Reesfräiheet. Ech ginn Iech en einfach klengt Beispill.

(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)

Et gëtt e Lëtzebuerger Fussballveräin, deen nächste Mount d'Éier huet, an der UEFA Europa League – nee, net Champions League, nëmmen Europa League – géint Belgrad ze spillen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Roy Reding (ADR)** | Déi Spiller hu Problemer, op Lëtzebuerg ze kommen – obwuel se alleguerten e kompletten Impfscema hunn, mee mat Sputnik –, well nëmmen zu Lëtzebuerg zougeloose Vaccine gëllen. Ech fannen, dat si Saachen, déi gehéieren entre-temps ofgeschafft. An asoufern ass dat dote richtig, dass mer soen: „Och wann s de aus engem Net-EU-Staat kënns an du hues mengetweegen och en 3G, wéi och ëmmer, dierfs de erakommen.“ An déi Restriktiounen do maachen absolutt kee Sënn méi an der haiteger Situatioun.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Reding.

**Une voix** | Firwat äntwert den Auteur net?

**M. Fernand Etgen, Président** | Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Ech wäert elo net iwwer Fussball schwätzen. Dat, mengen ech, wär e bësse falsch elo op där Plaz.

Ech mengen, wann een d'Motioun hei kuckt, da stinn einfach Saachen als Éischt emol dran, déi falsch sinn. En „EU-Impfpass“ ... Also, déi lescht Kéier, wéi ech gekuckt hunn, hunn ech ni en „EU-Impfpass“ kritt. Ech krat e lëtzebuergesche CovidCheck-Certificat an dat war eng Attestatioun, dass ech geimpft war géint eng spezifesch Krankheet. Dat ass dat Eent. Also géint een Erreeger, fir genau ze sinn.

Déi Impfpäss, déi mer hunn, si meeschtens giel. Dat ass eemol den nationale Modell, an da gëtt et den internationale Modell, dee vun der OMS – oder op Englesch WHO – emetteiert gëtt, deen och zu Lëtzebuerg verdeelt gëtt an deen déi meescht Leit, déi e bësse méi wäit reesen, och kennen, well se iergendwann eng Kéier bei de spezialiséierte Service waren, fir nach déi eng oder aner Impfung derbäizekréien. Wéi een EU-Impfpass mer also géifen ofschafen, ass mer net ganz kloer. Mir kéinten héchstens eng Attestatioun ofschafen, well nëmmen eng Impfung mécht nach keen Impfpass.

Dann dat Zweet: en „drasteschen Agrëff an d'Reesfräiheet“. Krank sinn ass och en drasteschen Agrëff a meng Gesondheet, muss ech elo éierlech soen. Et ass och esou, dass Lëtzebuerg net dat Land ass, dat hei am striktsten ass. Mir hunn e Règlement grand-ducal, dee geholl gouf an an deem ganz kloer gereegelt ass, aus wéi enge Grënn een och als Drëttsstaatler dierf op Lëtzebuerg kommen, wann ee kee kompletten Impfscema huet. Et ginn also tatsächlech Pisten, wéi ee kann op Lëtzebuerg kommen, ouni e kompletten Impfscema ze hunn.

Dat ass eppes, wat ech reegelméisseg mam Yves Cruchten an der aussepolitesser Kommissioun diskutéieren, well et Leit gëtt, déi op Lëtzebuerg komme mussen, fir hir administrativ Demarchen ze maachen, an déi dann trotzdem, obwuel se aus engem Land kommen, wou se eebe keen AstraZeneca, kee Moderna oder wat och ëmmer konnte geimpft kréien, kënnen kommen. Dat geet!

Ob elo de Fussball esou wichteg ass, dass ee sech do muss eng Derogatioun froen, dat iwwerloossen ech all Fussballsfan, selwer ze bewäerten. Ech weess

awer, dass souwuel an der Champions League wéi an der Europa League wéi och an anere Sportarten ganz, ganz vill Veräiner spillen an an der ganzer Welt ënnerwee sinn an déi scheinbar manner Problemer hu fir ze reese wéi déi, déi den Här Reding hei genannt huet.

A schlussendlech: Déi gesammelt Donnéeën – dozou hunn ech schonn alles gesot. Ech mengen, dass dat am Gesetz kloer gereegelt ass a mer dofir keng Motioun brauchen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement. Dann huet nach den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, ech soen Iech Merci. Den Här Reding war jo virdrun ugeschwat ginn an huet dorobber och reagiert. Ech wollt elo awer nach e puer méi allgemeng Bemierkunge maachen, déi mer awer wichteg schéngen.

An ech wëll déi Diskussioun hei op en Niveau bréngen – ech probéieren et op jidde Fall –, deen eis un e puer fundamental Iwwerleeunge soll erënneren am europäesche Bannemaart a wéi et iwwerhaupt dozou komm ass, dass et zu dësem, wéi en offiziell heescht, „EU Digital COVID Certificate“ – fir all sproochlech Onkloerheete vläicht ze adresséieren, mir schwätzen all heiriwwer – komm ass.

Ech erënnere mech nach ganz gutt: Virun eppes iwwer zwee Joer, du ware mer nach am Cercel do iwwer, du sinn déi éischt Diskussiounen doriwwer opkomm, ob iwwerhaupt esou eppes soll op EU-Niveau ageféiert ginn. Mir haten dat als ADR deemools ugeschwat. Ech erënnere mech nach ganz gutt, a jidderee vun Iech kann déi Videoen natierlech nokucken. Do ass gesot ginn, och vun eise sozialistesche Kolleegen notament: „Nee, esou eppes kënnt net. Dat dierf net a Fro kommen.“ Firwat? An zu Recht war dat d'Reaktioun – et ass zwar net esou komm herno –, well mer Grondfräiheeten hunn am europäesche Bannemaart, d'libre Circulation des personnes, des biens, des services, des capitaux, an dat heite schonn eng Aschränkung ass vun eppes, wat e Grondwäert an der Europäescher Unioun ass, nämlech d'libre Circulation des personnes.

Op eemol sollt niewent enger Carte d'identité oder engem Pass en anert Dokument kommen, e gesondheitsbezunnent Dokument, fir d'Reesfräiheet an der Europäescher Unioun ze garantéieren. Dat steet net an engem Traité. Dat war eng Ad-hoc-Reegelung. A mir, mengen ech, maachen eppes, wat an dëser Situatioun richtig ass. Mir stellen hei d'Fro: Solle mer elo éiweg mat engem Dokument – e gesondheitsbezunnent Reesdokument, well et ass u sech dat – weiderliewen? Oder solle mer dach net iergendwéini de Schrëtt maachen a soen: „Mir wëllen dat elo net méi. Mir mussen jo awer erëm an eng Normalitéit kënnen zrëckfannen!“?

Dat ass e Reesdokument gewiescht. Et ass en Dokument gewiescht fir an de Restaurant, fir an de Musée, fir an de Kino. Et huet schonn en immenst Gewicht gehat op all eis Fräiheet fir jiddereen – an notament natierlech fir déi Leit, déi eeben de Choix wollte maachen, fir sech net impfen ze looszen.

Ech mengen, et huet kee Wäert, dass net wëllen ze gesinn oder et wëllen elo aus politesche Grënn einfach op d'Säit ze schiben. Well déi Fro, déi mer stellen, ass eng grundsätzlech: Wëlle mer zrëck an eng Normalitéit, och eng dokumentaresch Normalitéit? Oder wëlle mer dat bäibehalen? A wa mer et bäibehalen, mat wéi engem Argument? Fir wéi eng aner Krankheet soll dat da wirken? Mat wéi engem Argumentatioun? Well mer jo elo zu engem héije Prozentsatz awer geimpft sinn a Medikamenter hunn?



Et ass eng grondsätzlech Fro, déi mer mat dëser Motioun wëllen uschwätzen. Ech weess och, datt se haut ofgeleent gëtt. Awer d'Fro soll am Raum bleiwen. Si soll eis beschäftegen. Si soll jidderee vun eis interro-géieren: Wëlle mer dat oder wëlle mer zrëckkommen an déi Normalitéit – well mer eis et kënnen erlaben, och medezinnesch kënnen erlaben – vu virun zwee Joer?

An ech mengen, déi Fro solle mer eis all stellen. Wéi gesot, et gëtt 56 zu 4, dat wësse mer och, mee awer déi Fro, déi wäerte mer ëmmer erëm stellen hei an dësem Zëmmer an an dësem héijen Haus. Net nëm-men am Zëmmer. Am Sall! E schéine Sall!

(Hilarité)

Mee virun allem solle mer eis se an der Politik stellen a mir mussen, eiser Meenung no, de Leit déi Fräiheeten zrëckginn – integral zrëckginn! –, déi mer virun der Covidkris haten.

Ech soen Iech Merci.

**M. Roy Reding** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. Da ginn ech dem Här Claude Wiseler d'Wuert.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Jo, ech hunn och e puer méi prinzipiell Saachen heizou ze soen: Selbstverständ-lech mussen d'Leit all déi Fräiheeten zrëckkréien, esou schnell wéi méiglech, wéi d'gesondheetlech Situatioun et och erlaabt. A momentan erlaabt se et. An ech ginn och dovunner aus, esou vill ech dat gesinn zu Lëtze-buerg, datt déi Fräiheeten och, haaptsächlech och mat dësem Text, notament beim Impfpass, wéi Der et nennt, deen elo haut net méi d'Aktualitéit ass an och net méi gebraucht gëtt, zumindest wat d'Lëtzebuerger Gesetzgebung ugeet ... Par contre ass d'Formulatioun vun der Motioun, esou wéi Dir se hei schreift, fir mech eng Formulatioun, déi déi ganz Zukunft och matbeinhält. Weeder „haut“, sot Der, nach „an Zukunft“ soll dat iergendwellech Auswierkungen hunn.

An ech soen Iech ganz kloer: Mir wëssen net, wat d'Zukunft bréngt. Ech weess net, wat am September, Oktober, November lass ass. Ech weess net, wat d'Krankheet dann nach als Konsequenzen huet. An ech weess net, wat fir eng Moosname mer dann eventuell brauchen oder net méi brauchen.

Ech si mat Iech, wann Der sot: „Esou restriktiv wéi méiglech sollen all déi Aschränkunge sinn – esou restriktiv wéi méiglech, esou kuerz wéi méiglech.“ Mee datt mer der nach eventuell brauchen, dat kënnen mer net ausschléissen. An dofir kënnen mer der Formulatioun huet, wat eng generell Formule fir d'Zukunft ass, net akzeptéieren a wäerten dergéint stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Wiseler.

Da kënnen mer elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

#### **Vote sur la motion 2**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmmen, 54 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ofgeleent.

**Ont voté oui :** MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

**Ont voté non :** Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Félix Eischen), Aly Kaes, Marc Lies (par M. Paul Galles), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes),

Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Se sont abstenues :* Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

### **5. Dépôt de trois propositions de loi par M. Mars Di Bartolomeo**

Da géif ech d'Wuert un den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo gi fir den Depot vu Propositions de loi. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

#### **Exposé**

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci, merci villmools, Här President. Ech hunn d'Eier, am Numm vun der Institutionskommissioun, déi an exzellerter Zesummenaarbecht mat der Reglementskommissioun eng Rei vu Proposition-de-loien ausgeschafft huet, fir déi nei Dispositiounen an der Verfassung ëmzesetzen, déi hei an der Chamber ze deposéieren.

Déi Proposition-de-loien droen d'Ënnerschrëfte vun de Kollege Simone Beissel, Charles Margue, Léon Gloden, mir selwer an dem Roy Reding.

Si betreffen, éischtens, déi praktesch Dispositiounen fir déi nei Form vun de Commissions d'enquêtes, déi jo an Zukunft méi liicht kënnen aberuff ginn an net méi eng Majoritéit vu sämtlechen Deputéierten, mee nach 20 Deputéierter brauchen, fir kënnen konstituéiert ze ginn.

Dann déi zweet Proposition de loi fir déi sougenannt „initiative populaire“, dat heescht, „relative au propositions motivées aux fins de légiférer“, bei där mer ënner verschidde Konditiounen de Leit dobaussen d'Geleeënheet ginn, fir Proposition-de-loien eranzebréngen, iwwert déi, wa se de Konditiounen vun enger Proposition de loi entsprechen, d'Chamber muss diskutéieren an ofstëmmen.

An dann déi lescht Proposition de loi ass déi, déi de Mediateur an der Verfassung ënnert dem Begrëff vum Ombudsman iwwerhëlt.

Ech wëll alle Kollegen en härezeche Merci soen, déi un deene Proposition-de-loie matgeschafft hunn, virun allem awer eise ganz effikasse Mataarbechter an der Chamber, déi hei eng exzellent Aarbecht geleescht hunn: d'Direktioun vun der Chamber zesumme mat der Cellule scientifique a mat deenen zwou Kommissiounen.

Här President, ech deponéieren domat déi dräi Proposition-de-loien um Dësch vun der Chamber. Mir wäerten dann an den nächste Sëtzungen d'Rapporten designéieren, fir de Suivi vun dese Proposition-de-loien ze maachen. Dir gesitt also, mir ginn eis ganz vill Méi, fir mat deene verschidde Modifikatiounen an der Verfassung Schrëtt ze halen, doduerch, dass mer déi praktesch Ausféierung a Proposition-de-loie

maachen – an d'Regierung op hirer Säit, hoffe mer, dat mat där selwechter Schnellgeeket och iwwer Gesetzer mécht –, fir déi Verfassung, wa se a Kraaft trëtt, och natlos kënnen ëmzesetzen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet a ginn dem President d'Resultat vun eisen Aarbechten. Merci, Här President.

8036 – Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 27 février 2011 sur les enquêtes parlementaires

8037 – Proposition de loi relative aux propositions motivées aux fins de légiférer

8038 – Proposition de loi modifiant

1. la loi modifiée du 22 août 2003 instituant un médiateur ;
2. la loi du 28 juillet 2011 portant 1. approbation de la Convention relative aux droits des personnes handicapées, faite à New York, le 13 décembre 2006, 2. approbation du Protocole facultatif à la Convention relative aux droits des personnes handicapées relatif au Comité des droits des personnes handicapées, fait à New York, le 13 décembre 2006, 3. désignation des mécanismes indépendants de promotion, de protection et de suivi de l'application de la Convention relative aux droits des personnes handicapées ;
3. la loi du 19 décembre 2008 modifiant : 1. la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension ; 2. le Code de la sécurité sociale ;
3. la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État ; 4. la loi modifiée du 27 août 1977 concernant le statut des fonctionnaires entrés au service d'institutions internationales ; 5. la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois ; 6. la loi du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg ;
4. la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;
5. la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;
6. la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;
7. la loi du 17 décembre 2021 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Di Bartolomeo.

### **6. Débat de consultation au sujet du Rapport du Fonds spécial de soutien au développement du logement**

Op eisem Ordre du jour vun de Mëtten ass d'Consultatiounsdebatt iwwert de Rapport vum Spezialfond fir de Logement. An d'Wuert huet elo de Logementsminister, den Här Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

#### **Exposé**

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Merci, Här President. Ech huele mer nach fir d'éischt eng Kéier e bësse Waasser. Gutt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut de Mëtteg maache mer déi zweet Kéier eng Debatt iwwert de Fonds spécial. Dat gëtt eis d'Geleeënheet, och iwwert d'Erausfuerverderung am Logement – an ech géif léiwer soen: am Logement abordable – ze debat-teieren.

Dir wësst, den erschwéngleche Wunnraum ass fir mech eng Viraussetzung, fir e gutt Zesummeliwwen ze garantéieren. An domadder gi mer och – virdru sinn e puer Verfassungspunkten hei deposéiert ginn – der neier Verfassung méi gerecht, nämlech net onbedéngt dem Recht op Propriétéit, mee dem Recht op dezent an erschwénglecht Wunnen.

Meng Interventioun vun de Mëtten hunn ech dofir an dräi Punkten opgedeeit. Am éischte Punkt geet et ëm d'Strategie: Wéi kënne mer dat séier a schnell erreechen? Am zweete Punkt sinn d'Fakten aus deem Rapport, dee mer de Mëtten dann debattéieren. An dann den drëtten Punkt ass natierlech dee vun den Erausforderungen – well et waren an de leschte Woche schonn eng Rei Punkten, déi an der Effentlechkeet debattéiert gi sinn –, fir déi vläicht hei nach eng Kéier méi kloer eriwuerzebréngen.

D'Strategie vu mengem Ministère – an déi reit sech och an déi vun der ganzer Regierung an – weist och, mengen ech, déi éischt Resultater, wat den erschwéngleche Wunnraum ubelaangt. Et ass eis all kloer, dass eng Moossnam eleng dat net wäert léisen, mee eng ganz Strategie vun ënnerschiddlechen. An dofir ass et elo wichteg, dass mer hei awer och eng Kéier iwwer déi Strategie schwätzen an och eng Kéier hei kloer virstellen, wat dann ënnert där Strategie ze verstoen ass. An ech hunn déi an zwee Schwéierpunkten ënnerdeelt, fir mech jiddefalls, well dat d'Gesetz sinn, déi och haaptsächlech a mäi Ressort falen.

Dat ass den éischte Punkt: Massiven Invest an d'Schafe vun effentlech erschwéngleche Wunnengen. Den zweeten ass gradesou wichteg, mee deen ass haut net esou an der Debat: Dat ass e besseren Encadrement vum private Marché fir méi transparent a cadréiert Loyer.

Inspiréiert hu mer eis ... an dat wësst Der, mir brauchen nëmmen op Wien kucken ze goen. Net wäit vun hei ass Kaiserslautern an och d'Hollänner maachen dat selwecht an et gëtt nach eng ganz Rei vun anere Beispiller, déi een hei kann ernimmen. Wien, huet zum Beispill säit 1920 bis haut 220.000 kommunal Wunnenge gebaut an, ech betounen awer, och behalen. Dat ass eppes ganz Wichteges, Lëtzebuerg huet der am Verglach am Ganzen 2.500! An ech zitëiere gär den éischte Buergermeeschter vu Wien, dee Jakob Reumann heescht – oder Jakob Reumann geheescht huet – a gesot huet: „Wenn wir einst nicht mehr sind, werden diese Steine für uns sprechen.“ (Veuillez lire: An ech zitëiere gär de Buergermeeschter vu Wien, dee Karl Seitz heescht – oder Karl Seitz geheescht huet – a gesot huet: „Wenn wir einst nicht mehr sind, werden diese Steine für uns sprechen.“)

Wat heescht dat? Wa mer also Léieren aus den ausländesche Beispiller kënnen zéien, da sinn et déi, dass mer keng subventionéiert Terrainen oder Wunnenge méi däre verléieren. Dës Demarche gëtt och vum Michel Wurth gedeelt an ech war frou, dat gëschter Owend an der Broschür vun IDEA ze liesen. A wat seet en? „La démarche qui est désormais retenue par le Gouvernement et qui vise à mettre en place un deuxième marché immobilier à coût [...] modérés, comme il en existe aux Pays-bas ou en Autriche, est par conséquent logique.“

Also, dat ass awer schonn eng gutt Feststellung. E Bemoll bleift do awer nach ëmmer, well ech gemengt hat, et wier awer an all de Käpp vun eise Leit, mee ech hu leider missen an der Press liesen, dass elo nach an enger Gemeng am Norden awer e grouse Véierel ouni Konditiounen soll verkaf ginn, an do, mengen ech, mussen mer awer nach allgemeng Iwwerzeegungsaarbecht leeschten.

Ech wëll awer zréck op de Fonds spécial kommen an do läit natierlech de Fokus op dem éischte Schwéierpunkt vun der Strategie, nämlech dem erschwéngleche Wunnraum. An dofir zu den neien Zuelen: Dat si Fakten, déi a sech derfir schwätzen, an et ass och wichteg – och richtig – gewiescht, dass mer endlech esou e Fonds spécial kritt hunn.

568 Wunnenge sinn 2021 derbäikomm. An deene lafende Projeten am Fonds spécial klëmmt de Betrag

vun 241 Milliounen op 295 Milliounen, 2021 sinn 227 Milliounen derbäikomm. Erschwénglech Wunnenge sinn also d'lescht Joer ëm 7 % an d'Luucht gaangen an elo si mer bei 3.900. Dat ass nach net allze vill, well mer do eréischt bei 1,6 % leien, ech denken awer, dass mer hei elo mëttlerweil ganz gutt ënnerwee sinn. Wann een nämlech kuckt, wat mer an de leschte 15 Méint hei an der Chamber gestëmmt hunn – an ech widderhuelen déi fënnf grouss Projet-d'enverguren: Elmen, Woolszt, NeiSchmelt zu Diddeleng, Wéltgebond zu Mamer, An der Schmëtt zu Biwer –, sinn et am Ganze 6.000 Wunnengen (veuillez lire: 3.500 Wunnengen) an et huet net manner wéi 1,1 Milliarden, och an deene Projeten, déi hei gestëmmt ginn, kascht.

Et muss een awer och soen, dass dat déi éischt Finanzierungssetzer vun deene grouse Projet-d'envergure waren an der do och nach an der nächster Zäit derbäikommen.

De Moment schaffen d'Servicer ganz intensiv nach ëmmer un der Cité militaire, mee déi kënnt in die Gänge. Do hu mer jo och eng Léisung fonnt, fir iwwergangsméisseg Flüchtlingen aus der Ukrain kënnen ënnerzékriien. Déi lafen elo, mengen ech, um 1. Juli oder ... jo, ab dëser Woch misst dat ulafen oder d'nächst Woch. Da si mer ganz intensiv am J.F. Kennedy, dat heescht bei mir do uewen um Kierchbiereg, wou eng ganz Rei vu Projete leeft.

Dann, wat hu mer ausginn? 2021: 170 Milliounen. Dat ass net näischt, well 2020 ware mer eréischt bei 96 Milliounen, dat heescht, 72 % dovunner sinn derbäikomm. Dat mécht alles in allem, wa mer kucken, an deenen zwee, dräi oder véier Joer, wou mer ënnerwee sinn, eng wansinneg Augmentatioun aus, well mer an der Vergaangenheet, an da kucken ech e bësse virun 2017, a sech ëmmer nëmme bei enger Moyenne vu 40 Milliounen waren. Dat heescht, dës Regierung huet ganz kloer den Opdrag, Suen an de Grapp ze huelen, fir effentlech Investitiounen ze maachen a fir erschwéngleche Wunnraum ze maachen.

Zil wäert sinn, dass mer d'nächst Joer op 300 Milliounen kommen. A fir mech misst et mëttelfristeg op eng hallef Milliard erauslafen, wat mer do brauchen. Dann hu mer eng Alternativ fir Leit mat niddregem Akommes, déi dann net müssen um Privatmarché 40 %, 50 % vun hirem Akommes ausginn.

D'Zuelen, déi d'lescht Joer och am Rapport stoungen oder déi mer publizéiert hunn: 43 % ginn an d'Vente a 57 % an d'Locatioun. D'Locatioun ass jo ee Schwéierpunkt, an et gesäit een och, dass d'Zukunftsprojeten ëmmer méi an d'Locatioun wäerte goen.

Och nach e Fakt ass, dass zwee Drëttel vun all deene Projete vun de Promoteur-publicke gemaach ginn: SNHBM a Fonds du logement, déi a sech ganz zouverlässig Partner am Wunnengsbau fir abordable Wunnenge sinn. A si hu jo investéiert, souwuel finanziell, awer och an d'Leit, soudass et kontinuierlech wäert an d'Luucht goen.

Och d'Gemenge si mëttlerweil lues a lues ëmmer méi derbäi. 67 Gemenge waren d'lescht Joer implizéiert. A wa mer den neien Artikel 29bis huelen, da gëtt et jo en Automatissem, da sinn d'Gemengen alleguer derbäi.

Wann een d'Léier och nach eng Kéier vu Wien kucke geet, dass si net nëmmen deier Wunnenge subventionéiert hunn, wou mir jo awer nach zweegleiseg mussen fueren, well mer, mengen ech, nach virum 15 Juli och nach d'Subvention de loyer hei wäerte stëmmen, esou war et awer wichteg, dass si kontinuierlech iwwer all déi Joren a kommunal an effentlech Wunnengen investéiert hunn. Mir sinn honnert Joer hannendrun. Ech mengen awer, an dovun sinn ech iwwerzeugt, dass mer ganz gutt ënnerwee sinn an dass mer dat och zesumme kënnen upaken.

Vläicht nach e Wuert zu den Terrainen. Och do gi mer an der Strategie hin, dass mer am Rhythmus vun de Projeten, déi mer bauen, och nei Terrainen brauchen. Dofir hu mer jo och d'lescht Joer 25 Milliounen am Fong ageschriwwen – net am Fong ageschriwwen, mee déi mer ausginn hunn –, fir Terrainen ze kafen, wëssend, dass mer awer haaptsächlech, an dat muss een awer och nach eng Kéier betounen, un de Frichen de Moment ënnerwee sinn: Diddeleng, Wolz, Esch an nach Schëffleng, déi deemnächst kommen.

Dat heescht, mir brauchen un den ale Sitt vum den Industrien eng Revaloriséierung, well dann och déi Dierfer – déi Stied, besser gesot – erëm en neit Liewe kréien an domadder erëm esou opbléie wéi bei der industrieller Revolutioun, déi se haten iwwer 100 Joer, wou dat awer zu enger Dynamik an deenen Uertschafte gefouert huet.

Ech géif da beim drëtten Punkt zu den Erausforderunge kommen. Erlaabt mer, dass ech op e puer Punkten aginn, déi an de leschten zwou, dräi, véier Wochen och publizéiert gi sinn an och deels e bëssen zu Kritik gefouert hunn.

Mir wëssen allegueren, dass et ... jo, déi eng soen, net schnell genuch geet, si wieren net agebonnen. Wat ech awer muss soen, ass, dass mer ganz vill Gesprécher hu mat all den Acteuren ënnerschiddlecher Aart an dass mer och ëmmer adaptéiere wäerten. Mir sinn och an der voller Diskussioun. Mir waarden d'Avisen all of, an zwee Projet-de-loie si jo deposéiert an déi si jo elo en halleft Joer ënnerwee. Dovun ass een individuell, a besonnesch deen iwwert de Logement abordable. An do, mengen ech, wäert nach eng Rei vun Diskussiounen kommen an och Finessen ajustéiert musse ginn. Ech mengen awer, wann ech meng dräi oder véier Punkten, déi ech hei herausgeholl hunn, eng Kéier erkläert hunn, dann ass déi Vue schonn erëm eng aner.

Deen éischte Punkt ass deen: Et ass scho leideg, fir ëmmer do ze héieren, dass de Privatsektor net agebonne wär. Dat ass den éischte Punkt, wou ech wëll soen: Majo, näischt ass méi falsch wéi dat! Vun deenen 170 Milliounen Euro, oder d'nächst Joer 220 an d'iwwernächst Joer 300 Milliounen, oder gläich eng hallef Milliard, déi gi voll an d'Privatwirtschaft! Well wie baut? Wier ass deen Büro, deen déi Planunge mécht? Wier ass deen, deen d'Entwécklung mécht? Majo, dat ass d'Privatwirtschaft! Dat heescht, d'effentlech Hand, an dat hunn ech schonn e puermol gesot, déi huet kee Bagger. Mir hu kee Bagger, fir dat ëmzesetzen. Do brauche mer d'Dynamik vun der privater Wirtschaft.

An da kënnt derbäi, an dat wëll ech awer och nach eng Kéier mat dem Artikel 29 (veuillez lire: 29bis) hei soen, dat ass eng Allianz mat der Privatwirtschaft, déi elo en place ass an déi ass och esou entstanden. An ech ginn e bëssen op den Historique do zréck, well et ass mat hinne ganz kloer ausgeschafft ginn. Haut géif ee soen: Win-win-Situatioun. Engersäits kréie se méi Baurecht a kënne se méi bauen, méi Densitéit maachen. Op där anerer Säit kritt d'effentlech Hand en Deel dovunner eraus.

An et ass entstanen virun zwee, dräi Joer bei eis am Büro uewenop um eelefte Stack am Héichhaus, wou mer zesumme mat der Chambre des Métiers an der Fédération des artisans waren, wou mer déi éischt Kéier driwwer diskutéiert hunn. A mir hunn et real ëmgusat an zwee diverse Projeten oder dräi souguer, ee ganz kloer zu Miersch – Dir wësst, bei dem Agrozenter – zesummen natierlech mat der Gemeng, an och e Projet um Cents, woubäi deen dote Modell elo an d'Gesetz vum Pacte Logement agefloss ass, fir en Automatissem ze kréien. An dat, mengen ech, wäert



och dozou féieren, dass dat mat hinnen ëmgesat ka ginn.

De Prinzip ass, fir méi Densitéit eranzekréien. Jo, Densitéit ass a verschiddene Beräicher och eng Diskussioun, mee net op d'Käschte vun enger Wunnqualität. A wann een dat propper mécht, wäert dat eis och geléngen.

Dass mer d'Gemengen natierlech do am Boot brauchen, dat war jo d'Voraussetzung, fir iwwerhaapt dee Projet zu Miersch oder um Cents kënnen ze maachen. Et ass jo och Fakt, mengen ech, dass mëttlerweil 99 Gemengen de Pacte Logement 2.0 ënnerschriwwen hunn. An ech hunn d'nächst Woch nach eng 100. Gemeng am Gespréich, wou ech an de Schännerot ginn. An do wäerte se och, wat ech weess, mat op de Wee goen.

Mir hunn also eng Verdichtung, en Automatissem, awer och duerch Krittären, déi mer erabrénge, duerch deen Austausch, d'Best Practices tëschent de Gemengen, dass mer awer och kucken, dass mer gesond, lieweg, diversifizéiert Wunnquartiere kréien, an dat ass dat Wichtigst.

Opgepasst! Ech wëll awer och hei nach eppes betounen, wat net geet: Mir kënnen net mat ëffentleche Gelder private Promoteuren e System finanzéieren, deen en neie Businessmodell fir Verschiddener ka ginn! Och wann am Mëttelstand mëttlerweil den erschwéngleche Wunnraum méi deier ginn ass, mee d'ëffentlech Hand mat der Aide à la pierre kann net derfir suergen, dass Businessmodeller vu private Promoteuren eng aner Nues kréien!

Do si mer nämlech ënnert den Argusauge vun Europa, well et ass net konform mat dem EU-Recht. An do mussen mer ganz gutt oppassen, wat mer maachen, well se mer soss déi aner Suen, déi mer vill investéieren mat 75 % – well den Intérêt général muss ëmmer priméieren –, soss a Fro stellen. Dofir ass et ganz wichteg, ... Dofir ass jo dee Modell, ech géif e „modèle luxembourgeois“ nennen, dee mer fonnt hu mat der Augmentatioun vun der Densitéit a gläichzäitig dem Ofriede vun Terrainen.

Iwwregens kann ech awer och soen, wéi den Automatissem a Frankräich oder Däitschland ass: Déi mussen d'office 10 % oder 20 % ëffentlech während 10 oder 20 oder 30 Joer liwweren, ouni dass eng Subventioun fléisst! Hei hu mer e Modell fonnt, mengen ech, deen eis alleguer gutt steet an deen, wéi virdu scho gesot, eng Win-win-Situatioun betrëfft.

**Une voix | Très bien!**

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Dann, den zweete Virworf ass e bësse vis-à-vis vun de Gemengen. Och do hu mer ganz vill Diskussiounen, mir géifen d'Gemengen net genuch finanzéieren oder finanziell ënnerstëtzen duerch insbesondere dee Cahier des charges, dee mer agefouert hunn. Ech liesen awer vill. Elo kommen esou lues Programmeraus, et kommen hei riets a lénks Iddien.

Dee Virworf ass och net richtig, well de Cahier des charges ass grad an der Präisexplosioun, déi mer de Moment hunn, wichteg, well en eng Guideline gëtt. A well ech vill och a Gespréicher mat Entwëckler sinn: Déi hunn déi Orientatiounshëllef gebraucht, well se am Virfeld, ier se ufänke mat plangen, och direkt dee Cahier des charges hunn, dee jo net a Stee gemeeselt ass, dee flexibel ass, deen ugepasst gëtt jee no Demanden, déi kommen. An dee gëtt vun deenen och bereetgestellt.

De Betrag, dee mer festgeluecht hunn, war 2017 gedeckelt ginn. Et huet sech awer erausgestallt, dass dee bis elo an all deene Projeten, déi ech gesinn, aviséiert an ënnerschriwwen hunn, nach net

iwwerschrott gouf, wann d'Planung ganz gutt war. An dofir ass jo deen Hin an Hier tëschent dem Planer, der Gemeng a mengem Ministère, fir dat och korrekt ze maachen.

Mir hunn awer reagéiert, nodeem déi Entwëcklung komm ass, an et huet ee gesinn, dass dee Plaffong elo erreecht ass, a mir hunn net méi spéit wéi Mëtt Juni, virun zwou Wochen, eng Adaptatioun vum Plaffong gemaach. Dat kënnt jiddwerengem entgéint. An dee Plaffong hu mer natierlech mam Bauindex nei evaluéiert. Deen hu mer matgemaach. Ech mengen, de Bauindex – ech hunn en elo net genau am Kapp –, dee Montant wäert 9,75 % an d'Lucht gesat ginn.

A mir hunn awer och gesot, vu dass déi Situatioun esou ass, wéi se ass – jiddwereen deploriéiert se –, dass de Bauindex och d'office an déi Rechnung erakënnt, soudass mer d'Evolutioun kënnen matverfolgen, soudass d'Gemengen och nach eng Kéier eng besser Planungssécherheet hunn. Ech mengen, d'Circulaire misst fäerdeg sinn, fir dass déi schlisslech och un d'Gemenge ka goen.

An dann ass e Virworf, jo, dat ass deen drëtten Punkt, deen ech nach wëll erwänen, dat ass de RENLA (ndlr: Registre national des logements abordables), de Registre vun den abordabele Wunnengen, mat der Verdeelung. An ech wëll och do nach eng Kéier ganz transparent sinn an allem, wat u sech haut an de Gesetzter steet a muer wahrscheinlech och drakënnt, wann et dann hei an der Chamber gestëmmt ass.

Dat Éischt ass: Vun Ufank un, säit ech hei an der Chamber sinn, hu mer ëmmer iwwert déi Waarde-lëscht diskutéiert. Et war souguer eng Obligatioun: Wéini komme mer mat enger nationaler Waarde-lëscht? Aus verschiddene Grënn: aus der Transparenz, awer och, fir d'Distributioun esou gutt wéi méiglech, awer och esou transparent wéi méiglech kënnen ze maachen.

Dofir loosst mech awer d'Gesetz zitieren, dat haut en vigueur ass. Haut hu mer jo nach ëmmer d'79er Gesetz an, wat et ausféiert, d'98er Reglement. A wat steet do dran? Ma dräi Véierels vun deene Wunnengen, ob se subventionéiert sinn oder net, mussen d'Gemengen, och wa se keng staatlech Hëllef kritt hunn, no soziale Krittäre maachen! Dat heescht, wa se dat net maachen, esou steet am Gesetz an am Reglement, misste se den Aval fir all Wunneng, déi se exceptionnellement weiderginn, an de Gemengerot droen an d'Ofstëmmung ofwaarden, fir kënnen déi Distributioun ze maachen. Dat ass dat, wat haut am Gesetz steet.

A wat nach drasteet, an dat ass nach méi schéin: De Ministère, mäi Ministère misst an all Komitee an alle Gemengen derbäi sinn, an de Minister huet do souguer e Vetorecht, steet an dem jëtzege Gesetz, fir d'Distributioun. Dat steet haut am Gesetz. Dat ass dat, wat Dir, oder net Dir, Dir sidd jo Deputéierter, mee déi an de Gemenge missten applizéieren.

Wat hu mer dann elo am neie Projet erabruecht? Vläch ass et wichteg, dat eng Kéier ze soen. Mir hunn déi rigouréis Approche emol gestrach. Éischters ass emol ganz kloer: Een, dee keng staatlech Subventioun méi kritt, anescht wéi dat haut de Fall ass, kann déi Wunnengen, wa se eleng vun der Gemeng finanzéiert goufen, oder wien och ëmmer deen Träger ass an en huet keng staatlech Subventioun kritt, da gëtt et keng Krittären. Da kann dee mat deene Wunnengen – entre guillemets – „maachen, wat e wëllt“. Natierlech muss en da jo och seng eege Krittären opstellen, awer do schwätzt kee Staat méi dran.

E kann awer profitéieren, wann e se an e RENLA gëtt. Da kann en déi 75 % bezuschusst kréien. Dann natierlech gëtt et Attributiounskrittären, an ech kommen

och gläich dorop zréck, fir d'éischt déi associativ – Dir wësst, dass mer eng Diskussioun hate vun 20 op 40 Joer –: Déi mussen déi Wunnengen da 40 Joer un de Beneficiaire verdeelen. An, wat jo och haut schonn de Fall ass, deen, deen eng 75%eg Subventioun kritt huet vun der Gemeng, muss u sech och fir d'Gemeng, esou, géif ech emol soen, wéi Wien ... Auf immerdar mussen déi Wunnengen do sinn, fir kënnen dann och un déi Leit attribuéiert ze ginn.

Wat dann elo d'Krittären ubelaangt, an do ass da vläch eng Kéier eng Diskussioun ze féieren och mam Syvicol, mat de Gemengen allgemeng, besteet d'Gefor, dass mir net méi jugéiere kënnen, wien an deene Gemengen do dran ass. Wat wichteg ass: Mir sinn amgaange mam ganze Secteur, well net nëmmen d'Gemenge sech do mussen drun halen, mee och d'ASBLen. Jiddwereen – an dat seet eis och d'EU-Recht –, deen op 75 % Subventioun geet, muss sech u Krittären halen, déi gerecht an novollzéibar sinn an eeben dem Intérêt général entsprechen! An dofir hu mer dat jo agefouert, dass jiddweree muer déi selwecht Krittären huet.

Mee wat mécht dee Programm, dee mer dann elo ..., déi Lëscht? Et kënnt eng Lëscht eraus mat 50 oder 60 Kandidaten. An natierlech sinn déi Krittären, also déi 60 Kandidaten, déi do erauskommen an deem Raum, déi sinn no deene Beneficiairen oder dem Necessiteuxberäich berechent. Natierlech mussen si jo eligibel sinn, well soss hu mer e Problem vis-à-vis vu Bréissel!

Da kënnt natierlech de Bailleur social an d'Spill. Dat kann d'Gemeng sinn, dat kann den Office social sinn. Da kann deen, deen do an där Regioun ass, natierlech éischters d'Wunneng, wann en an der Gemeng wunnt – natierlech huet e Wunnraum – ... da kann de Bailleur social, a wann dat d'Gemeng ass, an där Lëscht vu 50 oder 60 Kandidaten natierlech d'Prioritéit op seng Leit aus der Gemeng setzen. Si mussen natierlech, wat d'Akkommesverhältnis ubelaangt, an dee Krittär passen!

Dat ass natierlech d'Voraussetzung. Mee de Rescht ass natierlech eng Zouuerdnung, ganz kloer. Wann en do wunnt, wann d'Kanner do an d'Schoul ginn, wa se do schaffen, ass dat natierlech e ganz héije Krittär. An do ass et un den Office-socialen oder wien et och alles ass, dee sech spéider als Bailleur social aschreift, fir dat kënnen ze maachen.

Ech wëll awer och dofir e bëssen der Solidaritéit virgräifen. Mir ware jo all an der Philharmonie, an do ass ganz vill vum Premierminister wéi och vum Chamberspresident iwwer Solidaritéit geschwat ginn. A grad d'abordabel Wunnenge sinn d'Element vun der Solidaritéit! An d'Solidaritéit, och wann de Staat Suen an de Grapp hält, vill Suen an de Grapp hält, Steiergelder, da mussen och déi Hëllef bei deenen ukommen, déi et brauchen. D'Solidaritéit muss och kënnen spillen, wann et Krittäre sinn, déi ganz kloer, transparent an novollzéibar sinn, soudass et grad den Necessiteux ass, deen dovunner ka profitéieren.

An da soen ech och, Här President, an ech zitieren aus Ärer Ried: Dir hutt och nach eng Kéier gesot, dass d'Solidaritéit an d'Oppenheet an d'Traditioun vun deem Land ganz wichteg wieren. An ech ginn dovun aus, dass dat, och wa mer eis erkläert hunn, vun de Gemengen esou wäert iwwerholl ginn.

**Une voix | Très bien!**

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Dann e leschte Punkt, dat ass dee vum Artikel 29 (veuillez lire: 29bis). Och do gëtt gesot, mir géifen d'Gemengen iwwergoen oder net abannen. Ech mengen, dass et awer ganz wichteg ass, dass mer dat maachen. Well mir mussen awer éierlech si mat dem Bilan vum Pacte Logement 1.0: Do hate mer schonn en Artikel

29. Ech muss soen – ech war jo och schonn emol an der Verantwortung an enger Gemeng an et sinn der ganz vill, déi an der Verantwortung sinn –: D'Resultat ass awer ganz mitigéiert, fir net ze soen, mir hunn net vill Wunnengen aus där ganzer Serie vun zwielef Joer, wou de Pacte Logement 1.0 gelaf ass.

An dat sollte mer jo ... Dat war jo den Optrag, esou war mäin Optrag, wéi ech de Koalitiounsvertrag gelies hunn a wéi mer en och zesummen diskutéiert hunn, dass mer dat mussen anescht maachen! An dofir hu mer jo och deen Automatissem. Mir hunn ënner verschiddene Ministère ganz exzellent geschafft, fir kënnen deen Automatissem och do eranzekréien, fir dass et en Automatissem ass an obligatoresch an net nëmmen an deene Gemengen, déi ganz vill ënnerwee sinn – et si ganz vill Gemengen, déi ganz vill Aarbecht maachen –, mee dass 102 Gemenge sech un deem Projet bedeelegen. An dofir ass et esou wichteg, dass dat och mat eragefloss ass.

A fir déi 75 % och optimal ze kréien, woubäi mer jo de Seuil adaptéiert hunn ... Jiddefalls soen ech nach eng Kéier den Appell: matzäiten den Telefon huelen, an dat wësse se, uruffen an de Ministère, fir mat deene Leit, déi un deem Dossier schaffen – a mir hunn déi jo opgestockt, déi Kommissioun, déi d'Gemenge begleet –, optimal d'Ëmsetzung kënnen ze maachen, matzäiten, fir dat och kënnen ze maachen.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

An d'Gemeng muss et jo net maachen! D'Gemeng kann et – an do schwätzen ech éischter déi méi kleng oder mëttelstännesch Gemengen un – mat der SNHBM oder dem Fonds du logement maachen. An dofir mengen ech, dass et ganz wichteg a richtig ass, matzäiten déi Demarche och unzegoen.

Ech kommen dofir zum Schluss elo, Här President.

Ech denken, mat deem Fong hu mer endlech dat Instrument, dat eng Offensiv beschreift. D'Fakte schwätze ganz kloer, dass mer amgaange sinn. A wann ech vu Responsabilité partagée schwätzen: Jo, de Staat muss virginn. De Staat muss hëllefen. De Staat muss déi néideg Suen zur Verfügung stellen. De Staat muss och déi logistesche Hëllefen de Gemengen zur Verfügung stellen. Awer am Endeffekt mussen d'Gemengen et ëmsetzen. Dat ass ganz kloer. An dofir mengen ech, dass mer dat jo am Pacte Logement esou wëllen nidderschreiwen.

An ech wëll awer nach eng Kéier de Michel Wurth als Ofschloss zitieren, vun deem ech gëschter Owend dann an där ganzer Broschür vun IDEA do gelies hunn. Nach eng Kéier: „Le Luxembourg part donc de très loin et il faudra(it) mettre en place un arsenal de mesures conséquentes pour atteindre le taux visé de 20 % de logements de ce type.“ An e seet souguer, 20 % géife mol nach net duergoen. Ech mengen, mäin Zil, oder dat, wat an der Strategie steet, ass: Mir sollen et op déi Héicht kréien, wou den Aarmutsrisiko am gréissten ass, an dat ass bei 17, 18 % hei am Land. Dat solle mer fäerdegbréngen.

An ech zitieren en net nach eng Kéier, mee Dir kënnt dat op der Säit 64, mengen ech, och noliesen, dass e ganz iwwerzeegt ass vun deenen Instrumenter am 29bis-Artikel. Do hu mer souwuel am Inneministère wéi och bei eis am Ministère e ganze Grupp opgestallt. Zwee Gruppen, also zwou Kommissiounen, déi de Gemenge ganz entgéintkommen, fir dat esou séier wéi méiglech kënnen ëmzesetzen. Dat gëtt gedeelt vun der grousser Majoritéit, och vun der Privatindustrie. Ech denken, dass mer se ëmmer an d'Boot wäerte mathuelen, well, nach eng Kéier: Mir hu kee Bagger! Et si si, déi et mussen ëmsetzen, an dat ass nëmme méiglech, wa mer dat zesumme maachen.

Fir mech sinn ech da mat mengen Ausféierunge fäerdeg. Ech wär frou, wann Der déi Motioun, déi Dir dann zesummen ausgeschafft an deposéiert hutt, dann och vläicht unhuel, fir kënnen weider an där Demarche ze goen. Mir hate jo gesot, mir géifen eis uleenen un dat, wat an der Mobilitéit ass: Fir alles, wat iwwer 10 Milliounen erausgeet, sollt Der eis den Aval ginn. Mir informéieren Iech jo reegelméisseg. Doriwwer eraus, wat 40 Milliounen ubelaangt, do gëtt et jo souwisou e Gesetz.

An dofir soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren an eng gutt Debatt nach. Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och dem Här Minister.

An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Felix Eischen fir d'CSV. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

### **Débat**

**M. Félix Eischen** (CSV), en remplacement de M. Marc Lies (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, ech däreft dës Ried halen a Verriedung vu mengem Kolleg Marc Lies, dee stënterlech u Corona erkrankt ass. Vun hei aus him eng gutt Besserung.

Hie schreift, et wier gutt, dass mer all Joer de Bilan iwwert den neie Fong vum Logement hei an der Chamber maachen. Am Kader vum Gesetz iwwert dëse Fong hat d'CSV-Fraktioun dat och gefrot. Mir hunn dësen neie Fong vun Ufank u matënnerstëtzt, well dëst Dokument dem erschwéngleche Wunnengsbau méi Visibilitéit an doduerch méi Transparenz gëtt. Datt mat dësem neie Fong d'Rad net nei erfionnt ginn ass, dat wësse mer och.

De Fong a seng Donnéeën baséieren op dem urspréngleche Programme de construction d'ensembles vum Logementsministère. Zanter der Aféierung vum Fong gëtt et allerdéngs vill manner Budgetsartikelen am Staatsbudget am Beräich vum Logement. Do ass eng Rëtsch vun Artekle gestrach ginn.

Dem Minister seng Zuelen, déi bei der Pressekonferenz presentéiert gi sinn, muss een allerdéngs och relativéieren, wat de Kont 2021 ugeet. Do hu mir eng aner Lektür. 170 Milliounen sti fir 2021 verbucht. Am Verglach zu de Jore virdru muss een allerdéngs soen, datt den Zouwuess net gradesou grouss ass wéi annoncéiert. Vun 2018 op 2021 sinn dat och keng 141 %, wéi am Dossier de presse stoung, mee just 58 %. Mir maachen hei eng ganz aner Lektür vun de Konten.

2021 sinn 49 Milliounen iwwert d'ASBLen oder de Kierchefong verbucht ginn. Dëst sinn alles Projeten, déi an der Fäerdegstellung sinn. Viru véier Joer sinn allerdéngs de Kierchefong an och aner ASBLen an hire Beméiungen, fir erschwéngleche Wunnraum ze realiséieren, vum Logementsministère ausgebremst ginn. Si spieren dat op jidde Fall esou, well viru Joren huet de Ministère gesot, datt en net méi esou wéilt zesummeschaffe wéi virdru.

Kuckt een d'Budgeten iwwert déi kommend Joren an dësem Segment, da stellt ee sech d'Fro, ob hei net ideologesch Beweeggrënn musse matspillen, wat extreem schued wär. Do gesäit een am Tablo, dass net méi vill Projete vum Kierchefong derbäi sinn.

Et weess een och haut vusäite vu verschiddenen ASBLen an notament och vu Verrieder vum Kierchefong, datt si an Zukunft mat der Reform vum Gesetz iwwert d'Aide au logement net méi mam Logementsministère wäerten zesummeschafen. Dëst ass net gesond, wann de Staat esou virgeet. De Problem Wunnengsmaat a Wunnengsbau kënne mir nëmmen zesumme mat der ganzer Zivilgesellschaft ugoen.

Den Auteur vun der Ried versteet ëmmer nach net, firwat d'Regierung iwwert de Logementsministère verschidden Acteure wëllt ausschléisse beim Bau a beim Financement vum erschwéngleche Mietwunnengen. Aus dësem Grond reechen ech och eng Motioun eran, an där mir d'Regierung opfuerderen, eng Analys oder en Audit ze maachen, wéi een och de privaten Acteur nach méi verstärkt bei der Gestion locative sociale mat an d'Boot kéint huelen. Et ass jo schonn haut esou, dass, wann eng Privatpersoun eng Wunneng an d'GLS gëtt, si vu steierleche Moossname profitéiere kann. Firwat kann dës Form vu Mise à disposition vum erschwéngleche Mietwunnengen also net ausgebaut ginn?

**Une voix | Très bien!**

### **Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

– constatant que la pénurie de logements abordables et de logements locatifs sociaux représente un des principaux défis auxquels est confronté le Luxembourg ;

– constatant que le besoin actuel en logements locatifs à bas loyer ne cesse de croître ;

– estimant que la politique doit assumer ses responsabilités et prendre des mesures supplémentaires pour affronter l'insuffisance persistante de logements abordables ;

– estimant que les retards accumulés dans ce domaine ne peuvent être rattrapés sans une collaboration renforcée avec le secteur privé et qu'il est indispensable d'associer le secteur privé au développement de logements locatifs à loyer modéré ;

– estimant qu'il est dès lors primordial de faire bénéficier d'aides étatiques les investisseurs privés qui font réaliser des projets subventionnés ;

– estimant cependant que l'octroi et l'importance de telles aides de l'État devraient être assortis d'une série de conditions et d'obligations qui reposent sur une convention à conclure avec le ministre ayant le logement dans ses attributions ;

– précisant que le bénéficiaire d'une aide étatique doit s'engager à appliquer aux logements locatifs créés le régime de la gestion locative sociale (loyer maximal de 10 €/m<sup>2</sup>) pendant au moins 25 ans ;

– rappelant que la gestion locative sociale est un concept mis en place par l'État en 2009 visant à lutter contre l'exclusion sociale,

invite le Gouvernement

– à commanditer une étude analysant :

a) les modalités et conditions par lesquelles la « gestion locative sociale » pourrait être mise en œuvre par un investisseur privé ;

b) les aides étatiques, que ce soit sous forme d'avantages fiscaux ou d'aides directes, auxquelles un investisseur privé pourrait prétendre pour la construction de logements locatifs dans le cadre de la gestion locative sociale ;

c) les possibilités d'une coopération renforcée entre les investisseurs privés et les différents partenaires du Ministère du Logement pour la « gestion locative sociale » (organismes conventionnés tels l'Agence immobilière sociale, offices sociaux, etc.).

(s.) Félix Eischen, Emile Eicher, Max Hengel, Georges Mischo, Serge Wilmes.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci.

**M. Félix Eischen** (CSV), en remplacement de M. Marc Lies (CSV) | Ech verweisen och hei nach eng Kéier op eng Proposition de loi vusäite vun der CSV-Fraktioun, déi virun engem Joer hei an der Chamber deposéiert



ginn ass, fir de privaten Investisseur mat an dat soziaalt Mietboot ze huelen. Ech verweisen och nach eng Kéier op de Projet de loi iwwert de Miet- an Optiounskaf, deem am Joer 2019 agereecht ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi den Här Lies weider a senger Ried schreift, riskéiert d'Regierung awer net nëmmen, de Sukkurs vun den ASBLen ze verléieren, mee och dee vun de sozialen Acteuren, ob Caritas, Croix Rouge, AIS an esou weider. Wann ee mat deene Leit schwätzt, spiere si sech einfach net méi agebonnen.

Elo sot Dir jo och virdrun an Ärer Ried, Här Minister, datt 99 Gemengen de Pacte Logement ënnerschriwwen hätten. Domadder ginn ech Iech absolutt Recht. Mat engem Kontrakt oder enger Konventioun ass awer nach keng Wunneng gebaut! D'Gemengen hunn dës Konventioun zum Pacte Logement 2.0 ënnerschriwwen, well dat um gesellschaftleche Plang och erfuerdert ass a well de Logementsministère mat engem Schéck am Kader vum Plan d'action logement gewonk huet.

D'Ëmsetzung vun dësem PAL an dem Pacte Logement 2.0 wier allerdéngs e Spiissrutelauf, heescht et weider. An den Entretiene mat de Wunnengsbauberoeder gesäit ee jo och elo, ëm wat et bei dësem PAL geet. Et gëtt een dem Geschmaach net lass, dass et drëms geet, eng Basis vun Informatiounen iwwert d'Gemeng ze schafen. Mat dësem PAL ass nawell nach laang keng Wunneng gebaut a bei der Ënnerstëtzung pro gebauter Wunneng muss een och gutt oppassen an de Verglach mam éischte Pacte Logement maachen.

Fir d'Joer 2022 mécht beispillsweis d'Gemeng Hesper e Mali vu praktesch 1,2 Milliounen, wann een a Consideratioun zitt, wivill Wunnenge mat engem Betrag vun 19.000 Euro pro Wunneng subsidiarisiert gi sinn an de Populationswuesstum pro Joer a Consideratioun zitt.

De Marc Lies wéilt am Kader vum Pacte Logement 2.0 awer och eng Kéier nach den Artikel 29bis ervirhiewen. No Récksprouch mat Architekten, Ingenieuren, Juristen a Promoteuren ass feststellen, dass zanter dem 19. Februar vun dësem Joer et zu engem Stéilstand komm ass, wat déi nei PAPen ugeet. Et weess einfach keen, wéi dës Dispositiounen aus dem Gesetz sollen ëmgesat ginn, éischters vusäite vun der Faisabilitéit am Bezuch op de PAG, vun der Rechtsongesécherheet a vun der Cessioun vun den erschwéngleche Wunnengen. Dës Umierkungen hunn och ganz kloer eng Inzidenz op d'Zuelen an de kommende Jore vum Fong. Et kéint nach vill méi gemaach ginn, wann de Gesetzgeber eng reell Simplification administrative a Bezuch op den erschwéngleche Wunnengsbau en place gesat hätt.

Mat der Reform vum Fonds du logement wiere schonn esou Onsënnegkeete gemaach ginn. De Fonds du logement leit haut nach ënnert dëser Tutelle vum Staat! Mat dem Pacte Logement 2.0 hutt Der dës Tutelle géigeniwwer vun der Gemenge schonn en place gesat. An elo kënnt nach d'Gesetz iwwert d'Aide au logement derbäi, wat eis zréckgehäit. Et gi manner Suen a méi Oplagen. Ze hoffe bleift, dass beim Gesetz iwwert d'Aide au logement méi op de Syvicol gelauschtert gëtt wéi beim Pacte Logement 2.0. Do kënnt Der och den Här Eicher froen, dee mir dat confirméiert huet.

Bei der Presentatioun vum Bilan vun 2021 hat den Här Lies soulevéiert, dass eng Rubrik bei de Kont soll bäigesat ginn, wéi vill Wunnengen a wellech Zort vu Wunnengen dann och reell fäerdeggestallt gi sinn.

D'SNHBM dréit zu engem groussen Deel zur Ëmsetzung vun erschwéngleche Wunnenge bäi, wat

natierlech och de Budget an de Kont deemtspriechend usteige léisst. Ech wéilt mat Elmen awer och ee Projet ervirhiewen, deen an dëser Form vläicht haut net méi géif ëmgesat ginn, well dës Terraine warscheinlech guer net méi an de Bauperimeter géife kommen. Dat ass op jidde Fall esou ze fäerten. Datt nei Projekte bäikomm si wéi d'Wunne mat der Woltz, Diddeleng NeiSchmelz, Wëltsgebond, An der Schmëtt, d'Cité Manertchen oder d'Izeger Knupp, ass absolutt ze begreissen. Wat d'Dauer vun der Ëmsetzung ugeet, muss déi allerdéngs och hannerfrot ginn. Fir d'Wunne mat der Woltz oder NeiSchmelz ass mat enger kompletter Fäerdegstellung bis 2042 ze rechnen. Dat ass nach richtig laang, wëssend, dass fir dës Projekte scho viru praktesch 15 Joer ugefaange ginn ass mat planegen.

4.420 erschwénglech Wunnenge solle laut Fonds spécial bis 2026 fäerdeggestallt ginn. Wéi dëst an der Praxis awer soll fonctionéieren, entzitt sech dem Wësse vum Auteur. De Minister Kox geet hei e bësse méi nuancéiert vir, net esou wéi den Här Bettel an d'Madamm Nagel am Joer 2014, andeems se deemools annoncéiert haten, datt 10.000 Wunnengen am Eilverfare solle gebaut ginn. Den Här Bettel hat ni eng Äntwert ginn, bis wéini dass dann d'Fäerdegstellung soll sinn. D'Madamm Nagel huet awer deemools gemengt, bis 2023 sollt dat de Fall sinn, a wann net, da wieren eeben d'Promoteurs publics an der Schold.

Bis 2023 wäerten zanter 2014 ongeféier 2.500 bis 3.000 erschwénglech Wunnenge fäerdeggestallt sinn. Dëst ass knapps en Drëttel vun den Annoncen. Huele mir dem Här Kox seng 4.420 Wunnenge bis 2026, dann ass dëst och éischter Wonschdenken. Beispill: D'SNHBM baut 300 Wunnengen am Joer, de Fonds du logement dobäi nach eng 150. Mir maachen dann en Arrondi op 500 Wunnenge pro Joer, mol fënnf Joer, da sti mer bei 2.500 Wunnengen, dat ass knapps d'Hallschent vun der Annonce.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Präisser lafen eis fort. Zanter aacht Joer hu mer en 100%egen Zouwuess. Den Aarmutsrisiko klëmmt fortwährend. 20 % vun de Locatairé bezuelen d'Hallschent vun hirem Akommes fir ze wunnen an een Drëttel vun de Locatairé bezilt 40 % vu sengem Akommes. De Wunnengsmaat ass zanter Joren d'Suerg Nummer 1 vun de Leit. Elo kommen och nach déi héich Energiekäschten derbäi, d'Zëse ginn erop. Also, et gesäit net gutt aus im Staate. De Wuesstum ass eisen Haaptproblem.

Dofir kommt, mir gesinn dat Ganzt mat méi klorem Mënscheverstand, ouni ze vill ideologesch ze sinn, mat Pragmatismus a mat dem Abezie vum allen Acteuren. Well et gëtt schwéier, de Jugendlechen ze erklären, firwat se sech keng Wunneng méi kënne leeschten an eventuell hannert d'Grenz musse wunne goen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Den nächste Riedner ass den Här Max Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Villmools merci, Här President. D'Situatioun am Logement spëtzt sech zënter Joren ëmmer weider zou. D'Sich no enger Wunneng ass och net ouni Grond déi gréisst Suerg vun de Bierger. Déi deier Wunnpriisser sinn och den Haaptfacteur fir déi wuessend sozial Ongläichheeten an d'Hausse vum Risiko, an d'Aarmut ofzerutschen.

Dës Feststellung ass absolutt net nei. Och hei an der Chamber hu mer schonn dacks driwwer diskutéiert. An ech fäerten, dass et haut och net fir d'lescht de Fall ass, dass mer dat maachen. D'Problematik vum

Logement ass an de leschte Joren an der Mëtt vun der Gesellschaft ukomm. An der Vergaangenheet konnt ee vläicht nach soen, dass virun allem déi sozial méi schwach Stéit Schwierigkeeten haten. Mëttlerweil ass et och fir Leit mat enger gudder Ausbildung, enger sécherer Aarbechtsplaz an enger anstänneger Pai ëmmer méi schwierig, hiren Dram vun den eegene véier Wänn ze erfüllen.

Besonnenesch déi Jonk sinn heivu beträff. Ouni Hëllef vun doheem ass et fir déi allermeescht bal eng Saach vun der Onméiglechkeet, sech eppes ze leeschten. Déi aktuell Situatioun mam Krich an der Ukrain, der Inflation an de Liwwerenkpäss mécht d'Saach sécherlech net méi einfach. Ware mer bis elo schonn an enger ganz ugespaanter Situatioun mat Terrainspriisser, déi exorbitant geklomme sinn, esou kommen elo nach weider Problemer derbäi.

De Baupräisindex ass tëscht Oktober 2020 an Oktober 2021 ëm bal 10 % geklommen. Eleng d'Präisser vun de Materialie sinn tëscht 15 % an 20 % geklommen. Acteure vum Terrain schätzen, dass vun ugangs vun der Pandemie u bis haut eleng d'Baukäschte selwer op der Konstruktioun, also d'Bauterrainen erausgeholl, dass do d'Präisser ëm 25 % bis 30 % an d'Luucht gounge. Derbäi kommen d'Finanzierungskäschten, also d'Zësen, déi am Kader vun der aktueller Inflation och zolid an d'Luucht ginn. Louch den Taux fixe virun engem Joer nach ongeféier bei 1,5 %, esou geet en haut schonn an d'Richtung vun 3 %. Dee selwechte Prêt vun engem Montant vu 550.000 Euro kascht haut all Mount méi wéi 400 Euro zousätzlech wéi nach virun engem Joer.

A si mer éierlech, e Projet vu 550.000 Euro ass zu Lëtzebuerg kee groussen, dacks läit de Präis e Krack driwwer. Deemtspriechend ass dann och den Impakt vu Baukäschten an Zësen och direkt nach e gutt Stéck méi héich. Alles dat féiert derzou, dass sech um normale Marché ëmmer méi Leit ëmmer manner leeschte kënnen. De Besoin un abordablem Wunraum gëtt domat ëmmer méi grouss. Dat weise jo zum Beispill och d'Waardelëschte vun den effentleche Bauträger, vun enger SNHBM mat 10.000 Leit an engem Fonds du logement mat 4.000 Leit.

Et ass zweifellos d'Aufgab vun der effentlecher Hand, ënnert dësen Ëmstänn alles drunzesetzen, där Demande nozekommen, deene Leit ze hëllefen, déi um normale Marché ausgeschloss sinn.

Fir eis als DP ass et absolutt kloer, dass jiddereen hei am Land soll Zougang zu enger anstänneger Wunneng hunn. Jiddere soll ënner wierdege Konditiounen a Bedéngunge kënnen liewen.

Et sinn an der Vergaangenheet vill Efforte gemaach ginn, fir d'Präisentwécklung ze bremsen. Mir sinn als DP iwwerzeugt, dass deen eenzege Wee, de Problem reell an de Grëff ze kréien, dodra läit, méi dicht, méi héich a virun allem méi séier ze bauen. Esoulaang d'Offer der Demande net nokënnt, ass et normal, dass d'Präisser esou sinn, wéi se sinn. Fakt ass, mir hunn zu Lëtzebuerg en historesche Retard beim Logement. Déi lescht Joren a Joerzëngten hätten Dausende Wunnenge gebaut misse ginn, fir dem Populationswuesstum Rechnung ze droen. Dat ass bekanntlech net geschitt.

Lëtzebuerg war bis elo ëmmer immens dynamesch an attraktiv. Mir hu vill Atouten an eis Economie dréit gutt. Do ass et kee Wonner, dass ganz vill Leit heihinner wëlle kommen. Bei engem Bevëlkerungswuesstum vun 10.000 bis 13.000 Leit pro Joer misste mer ronn 6.000 bis 7.000 Wunnengen all Joer bauen. Iwwert déi lescht Jore louche mer an der Moyenne awer nëmme bei ëm 3.500 Wunnunitéiten, mat de bekannte Resultater. Nieft der Tatsaach, dass mer

also weider müssen alles drusetzen, d'Situatioun um normale Marché an de Grëff ze kréien, mussen mer ganz kloer och de subventionéierte Wunnengsbau weider ausbauen.

De Logementsproblem ass bekanntlech ze komplex, fir en an engem Zoch ze léisen. Mir brauchen hei eng ganz Rei vu Schrauwen, un deene mer zesumme müssen dréien, fir d'Wunndeierecht an de Grëff ze kréien. De Fonds spécial de soutien au développement du logement, dee virun zwee Joer an d'Liewe geruff gouf, ass eng vun deene Schrauwen, fir d'Efforte vum Staat beim abordable Wunnraum ze verstärken. D'Finanzementer vun esou Projeten, déi soss all e bësse verstreut am Budget vum Logementsministère waren, kënnen esou op enger Plaz regroupéiert ginn. Doduerch huet een natierlech e besseren Iwwerbléck an eng besser Handhab.

Mir hunn zu Lëtzebuerg net wierklech eng Traditioun an deem Beräich, wéi dat op anere Plazen de Fall ass. Am Verglach mam Ausland läit eisen Taux un effentleche Wunnengen relativ niddreg. Eist Zil ass et, dëse Retard opzehuelen an d'Offer u staatlech subventionéierte Wunnengen konsequent auszubauen. Dës Regierung huet an dësem Beräich e reegelméisseg Paradiigmewissel agelaut.

Engersäits hu mer grouss Projete wéi Elmen, Wunne mat der Woltz, Neischmelz an nach anerer, déi an der Maach sinn. An der Kommissioun krute mer och eng ganz Partie aner Projete virgestallt, déi nach an der Pipeline sinn. An andersäits wäerte mer mam Pacte Logement 2.0 iwwert déi nächst Joren erreechen, dass systematesch, an zwar bei all neiem PAP, automatesch abordable Wunnraum geschaaft gëtt. An deem Kader hu schonn 99 vun deenen 102 Gemengen am Land eng Konventioun mam Staat ënnerschriwwen. Dat begrësse mir als DP an hoffen, dass och déi lescht dräi Gemengen op dës Wee wäerte goen.

All déi Projete gi vum Fonds spécial matfinanzéiert. An eleng un den Zuele vum Budget gesäit een, dass d'Regierung sech och déi néideg Moyene gëtt, fir effektiv och hei kënnen eppes ze beweegen. Hate mer an de leschte Joren Dépense vun 171 Milliounen, esou wäert dësse Montant iwwert déi nächst Jore bal 330 Milliounen si fir 2022, iwwer 350 Milliounen fir 2023 an 2024 wäerten et souguer 370 Milliounen sinn. Mir hunn et also quasi mat enger Verdueblung vum leschte Joer op dës Joer ze dinn. Dat ass och ouni Zweifel néideg. Wann een eppes am Logement erreeche wëllt, da muss een och dat néidegt Geld an d'Hand huelen, fir dat ze maachen. Dat kënnen mir als DP nëmme begrëssen.

Ech sot et schonn: Déi effentlech Hand huet an deem Beräich eng weesentlech Roll ze spillen an dofir ass et och gutt, dass mer en Iwwerbléck kréien, wat gelescht gouf a wat an Zukunft nach geplangt ass. An deem Sënn kann ech elo schonn am Numm vun der DP-Fraktioun eis Zoustëmmung zur Motioun ginn, déi d'Madamm Ahmedova herno wäert deposéieren.

Här President, am Rapport vum Fonds spécial gesi mer, dass aktuell eng 3.358 Wunnengen am Inventaire stinn, dat heescht, dass se entweder an der Elaboratioun oder an der Konstruktioun sinn, respektiv dass dee leschten Dekont nach aussteet.

Bis 2026 solle 4.420 weider Wunnengen fäerdeggestallt ginn. Dat sinn am Duerchschnitt bal 900 Wunnengen am Joer. Am Verglach zu anere Joren ass dat natierlech net näischt, well soss waren et der alt emol bedeiend manner mat Chiffere vun 100 oder 200. Et entsteet also esou lues a lues eng gewëssen Dynamik, lues a lues droen d'Efforten aus de leschte Joren hir éischt Friichten. Dës positiv Entwécklung gëllt et

weider ze stärken an ze beschleunegen. Well mer sinn eis eens: Och 900 Wunnengen am Joer, dat geet nach laang net duer. Ech sot et virdrun: Op de Waardelëscht vum der SNHBM eleng stinn 10.000 Leit. Mir müssen also nach eng weider Schëpp bäileëen.

Den Direkter vum Fonds du logement sot an engem Interview, dass de Fonds du logement net onbedéngt déi schéinsten Terraine géif kréien. Vill vun deenen Terrainen, déi de Fonds du logement huet, missten nach dekontaminéiert an amenagéiert ginn. Mir fannen et als DP wierklech gutt, dass de Staat al Industriefrichen net einfach broochleie léisst, mee wéi beim Beispill vun der Neischmelz oder dem Wunne mat der Woltz e flotte Projet dodrop mécht. Mee dat kann awer net dat Eenzeg sinn. Firwat sollt een net iergendwou eng schéi Wiss kafen an do richteg Gas ginn? De Projet Elmen ass heifir e ganz gutt Beispill. Amplaz ëmmer nëmmen ze kleckeren, kéinte mer hei op anere Plazen och klotzen an e Quartier mat Dausenden Unitéite bauen.

Dat ass dat eent. Dat anert ass eng Iddi, déi mer scho méi dacks genannt hunn, an zwar déi vu modulare Bauten. Déi effentlech Hand kéint entweder op Terrainen, déi hir selwer gehéieren, oder op Terrainen, déi si lount, falls dat néideg ass, a kuerzer Zäit modular Konstruktiounen opriichten, Gebaier aus Holz, jee, et gëtt do hautdesdaags ganz flott Méiglechkeeten. A virun allem hunn dës de Virdeel, dass se relativ séier, ouni allze groussen Opwand, kéinte realiséiert ginn.

Här President, an den Ae vun der DP soll an Zukunft prioritär op d'Locatioun vun abordable Wunnengen gesat ginn. Am Inventaire vum Fonds spécial sinn aktuell 43 % vun den Unitéite fir d'Vente emphytéotique virgesinn. Bei deem Modell sinn d'Wunnengen da fir 99 Joer fort. Dobäi kënnt, dass d'Leit, wa se verkafen, dëscht zum Akafspräis mussen maachen, quitte dass de Marché sech weiderentwéckelt huet. Op déi Manéier wäerte se sech éischter schwiereng iergendwann och eppes um fräie Marché kënnen leeschten. Dofir soll an Zukunft nach méi op d'Locatioun am abordable Wunnengsmarché gesat ginn.

Bei der Locatioun bleiwen déi Wunnengen am Bestand vun der effentlecher Hand an de Staat ka sech iwwert d'Joren e ganz grouse Parc immobilier opbauen. Während där Zäit, wou d'Leit lounen, hu se d'Méiglechkeet, eppes op d'Säit ze leeën, fir iergendwann eng eege Wunneng um normale Marché ze kafen.

Här President, mir sinn als DP iwwerzeegt, dass mer am abordable Wunnraum nach vill Efforte mussen maachen. De Fonds spécial ass e gudde Schrëtt an déi richteg Richtung. Mir dierfen eis awer net eleng heirop fokusséieren. D'Zil muss et trotz allem sinn, dass d'Leit eppes um reguläre Marché fannen. Selbstverständlech mussen mer deenen hëllefen, déi sech näischt leeschte kënnen, mee de Logementsproblem zu Lëtzebuerg kréie mer nëmmen an de Grëff, wann de Staat massiv abordable Wunnraum schafft.

De Logementsproblem kréie mer och haaptsächlech just dann an de Grëff, wa mer méi a virun allem méi séier bauen. D'Vereinfachung vun de Prozedure gëtt an deem Kader ëmmer nees an d'Spill bruecht. Zu Recht, hei gëtt et nach vill Efforten ze maachen. Et geet och net drëms, an Zäite vun der Klimakris an enger Fragiliséierung vun eisen Ökosystemer, Naturschutz a Logement géinteneen auszespillen. Mee wann een awer seet, dass Bauland ausgewisen ass, da soll och do gebaut ginn, ouni dass ee sech ze laang do an de Prozedure muss verlafen.

Mir müssen einfach soen, Bauland ass Bauland, do maache mer eng Kéier eng Etüd an da kann de Bagger do rullen, egal, op dat direkt oder a fënnf Joer ass. Wann een haut e Bauterrain huet, dann huet

een all Interêt, reegelméisseg kucken ze goen, dass eeben näischt do wiisst, well ee soss herno dacks Schwierengkeete kéint kréien, well wann een dann enges Daags baue wëllt, da muss een net just eng nei Etüd maachen, mee da kritt ee virun allem d'Rechnung presentéiert vun de Kompensatiounsmaassnahmen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Här Hahn?

**M. Max Hahn** (DP) | Duerno.

Domadder ass kengem e Gefale gemaach, weeder der Natur nach dem Logement. Wa mer vum Prozedurebeschleuneg schwätzen, da si mer och bei de Stéchwierder wéi der Digitaliséierung an dem Zesummeleë vun de Kompetenzen. Fir hei wierklech virunzekommen, misst een all d'Kompetenze fir de Logement, déi am Environnement an am Intérieur sinn, am Wunnengsbauministère beieneeëleën. Esou kéint een all d'Prozeduren, an dorëms geet et, op enger Plaz an am beschten och digital ofwéckelen.

Här President, e weidere wichtege Volet ass natierlech d'Mobiliséierung vun den Terrainen. Et kann net sinn, dass ëmmer méi Leit um normale Marché verdrängt ginn an eng subventionéiert Wunneng müssen ufroen, während anerer Hektare Bauland einfach esou leie loossen. Dat selwecht gëllt och fir Leit, déi hiert Appartement eidel stoe loossen, amplaz et ze verlounen. An där Logementskris, wéi mer se hei zu Lëtzebuerg hunn, ass dat nëmme schwéier nozevollzéien an och kaum ze rechtfertegen.

De Premier huet a senger Ried zur Lag vun der Natioun annonciéiert, dass d'Regierung wäert Mesuren ergräfen, fir dat ze ënnerbannen. Nach virum Enn des Joers soll d'Regierung e Projet deposéieren, fir eng national Spekulationssteuer an e Regëster vun eidele Wunnengen an d'Liewen ze ruffen.

Als DP sti mir natierlech vollkommen hannert dëse Moosnamen a mir hoffen, dass se och tatsächlech zäitno kommen. Et geet eis net drëms, d'Leit ze bestrofen, déi en Terrain fir hir Kanner halen. Et sinn déijéineg, déi ganz vill Terrainen hunn, déi sougenannte „Groussgrondbesëtzer“, déi mer treffe wëllen, fir dass si eppes mat hiren Terraine maachen. Dat muss jo mol net heeschen, dass se hir Terraine verkaufen.

Als DP schwätze mer eis kloer fir e Modell aus, wou ee säin Terrain fir eng Zäit verlounen kann an no esou vill Joren erëm zrëckkritt. Zur Wourecht gehéiert an deem Kontext awer och, dass déi effentlech Hand, sief et d'staatlech Acteuren oder déi verschidde Gemengen, zu deene gréisste Proprietären am Land gehéiert. Si huet also eng besonnesch Verantwortung, déi si iwwerhuele muss.

Iwwert de Pacte Logement 2.0 kréien d'Gemengen net nëmmen d'Subventiounen, fir méi abordable Wunnraum ze schafen, mam Logementsberoder a mam PAL, dem Programme d'action locale, kréie si och Instrumenter an de Grapp, fir hir Projeten ze realiséieren. Als DP hoffe mer dowéinst, dass dës Mesuren an den nächste Joren hir Friichte wäerten droen an och op lokalem Niveau d'Efforten daitlech an d'Luucht ginn.

Här President, zum Logement gëtt et ganz vill ze soen. Ech kéint nach op vill aner Punkten agoen, mee déi Zäit hunn ech net. Ech wëll just soen: Et gëtt net déi eng Léisung, fir de Problem an de Grëff ze kréien! Mir müssen eis Efforten an alle Beräicher an d'Luucht schrauwen. Mir mussen mat alle concernéierten Acteuren zesumme kucken, Hindernisser aus dem Wee ze raumen, zesummeneschaffen an ze kucken, all mateneen – privat an effentlech Acteuren – zur Léisung bäizedroen.



De Spezialfong ass e wichtegt Instrument, fir d'Offer un abordablem Wunnraum iwwert déi nächst Joren däitlech an d'Luucht ze setzen. Dat ass den Usproch an dorunner wäert e gemooss ginn.

Dëst gesot, soen ech Iech Merci fir deen interessanten Debat a merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Här Hahn, Dir hutt d'Madamm Hansen vergiess.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci fir d'Erënnerung.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Merci, Här President. Ech hunn dem Här Hahn ganz gutt nogelauschert.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | An en huet gesot, datt en u sech géif fuerderen, datt innerhalb vum Bauperimeter net méi soll kompenséiert ginn, well dat jo éischters géif d'Prozedure vereinfachen, zweetens géif et méi bëlleg gemaach ginn an drëtters géif et eppes fir d'Natur maachen, well am Moment mécht een d'Natur jo futti, fir datt nëmmen näischt wiest.

Ech wëll just soen, datt mir en Amendement an deem Sënn haten. A genau deen Amendement, dee just dat dote gefrot huet, do huet d'DP dergéint gestëmmt. Elo wëll ech einfach froen: Wa mer elo dat selwecht nach eng Kéier géife froen, wa mer elo eng Proposition de loi an deem Sënn géifen ervirbréngen, wiert Dir dann domadder averstanen? Well ech denken alt ëmmer: Dat, wat e Politiker seet ... Dir hätt et am Grapp gehat, well dat war, mengen ech, 29:31 Ausgang. Wann d'DP oder vläicht nëmmen zwee vun der DP dat mat eis gestëmmt hätten, dann hätt Der dat do elo net misse fuerderen, da wär et am Gesetz dran.

**M. Max Hahn** (DP) | Villmools merci fir déi Fro, déi ech ganz interessant fannen. D'Position vum der DP huet sech net geännert. Nach ass et esou, dass d'DP an enger Koalition ass an dass dat doten iwwerhaapt kee Punkt ass, dee Konsens an der Koalition géif fannen, an dofir ass dat net à l'ordre du jour. Trotzdem fanne mir déi Iddi als Partei awer nach ëmmer ganz interessant.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | An d'Wuert huet elo den Här Yves Cruchten fir d'LSAP. Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci villmools, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, also ech wollt schonn an där Debatt mech op dat konzentréieren, wat haut um Ordre du jour ass, nämlech de Spezialfong Logement an net eng generell Debatt zum Logement. Mee natierlech, als véierte Riedner de Mëtte misst ech och eigentlech viles widderhuelen, wat d'Kolleege virdu scho gesot hunn, richtegerweis gesot hunn. An dat erlaabt mer et dann, datt ech mech e bësse méi kuerz ka faassen.

Ech wëlt awer gären op e puer méi generell Aspekter agoen. Als Éischt, mengen ech, sollt een haut déi gutt Aarbecht ervirsträichen vum eisen öffentleche Bauträger, dem Fong an der SNHBM. Si ginn dacks kritiséiert, datt et géif schleefen. Mee ech mengen, dat gëtt der Saach net ëmmer gerecht. Mir gesinn haut och un den Zuelen, datt sech vill Méi gemaach gëtt, fir abordable Wunnraum ze schafen. Nee, dee mécht sech net vun haut op muer, dat wësse mer. Och wann de Problem akut ass, déi Léisungen, déi mer hunn, déi brauche leider alleguer vill Zäit.

Am Joresrapport 2021 sinn all déi grouss an och déi méi kleng Projeten opgeléicht, déi realiséiert goufen oder nach amgaange sinn, realiséiert ze ginn. Mir

fannen hei vill al Bekanntter erëm, Projete wéi Wunne mat der Wooltz, Neischmelz zu Diddeleng oder nach de Projet Elmen, fir déi mer scho Finanzéierungsge-setzer gestëmmt hunn.

Et kommen och nei Projeten derbäi. Dat freet eis. Mir stelle fest, datt nei Terrainen endlech an de Besëtz vun der öffentlecher Hand kommen. Ech mengen, zejoert waren dat eng zousätzlech 1.100 Ar. Dat war eng vun de Fuerderungen, déi mir als LSAP haten, wéi mir virgeschloen haten, dëse Fong anzeriichten. Ech wëlt den Här Logementsminister wierklech begléckwënschen, datt e sech net laang Zäit gelooss huet, mee datt en dee Fong ganz séier geschaaft huet. Lues awer sécher kënne mer mat deem Fong déi esou batter néideg Offer vu bezuelbarem Wunnraum schafen. Mir kréie méi Transparenz an dem Staat seng Logementspolitik a mir kënnen d'Resultater vun där Politik och besser beurteelen.

De Pacte Logement 2.0, deen den Inneministère an de Logementsministère zesummen ausgeschafft hu fir d'Lëtzebuerger Gemengen, wäert fir zousätzlech Méiglechkeete suergen, öffentleche Wunnraum ze schafen. Mee dat geet alles natierlech net duer. Duerfir ass de Problem einfach ze grouss. D'Waardelëschte bei den öffentleche Wunnungsbaugesellschaft ginn ëmmer méi laang. An den Office-socialen ass eng vun de gréisste Suergen, datt si Familjen net ënner anstännege a wierdege Konditiounen ënnerdaach kréien, an richteg Sënn vum Wuert. Wann ech de Rapport vun dësem Joer nieft dee vun zejoert leeën, da gesinn ech natierlech, wat realiséiert gouf a wat och nei derbäikomm ass.

Et kënt een awer nawell net derlaanscht, feststellen, datt et eng gewësse Stagnatioun gëtt. Jo, et komme graff eng 250 Wunnungen zousätzlech derbäi. Mee et gi keng där Risespréng gemaach. Dat ass beileiwe keng Kritik! Et weist mer awer, datt mer warscheinlech iergendwann un d'Grenze stoussen, wat déi öffentlech Bauträger realiséiere kënnen.

Ech mengen, et waren d'Kolleege vun der CSV, déi eng Kéier an enger Debatt d'Iddi lancéiert haten, fir eng drëtt Wunnungsbaugesellschaft nach ze schafen. Dat fannen ech eng ganz interessant Iddi, mee ech weess awer net, ob dat wierklech géif zu enger substanzierter Erhéijung vun der Offer féieren oder ob dat just méi Konkurrenz géif bedeite fir déi zwou Gesellschaften, déi mer haut schonn hunn.

Mir hu jo eigentlech nieft dem Fong an nieft der SNHBM eng weider 102 potenziell öffentlech Acteuren, eis Gemengen, a reegelméisseg maache mer hei, an dat vun alle Parteien, Appeller un eis Gemengeresponsabel, fir och aktiv ze ginn a bezuelbare Wunnraum bei sech ze schafen.

Vill Gemenge kommen deem och no, sief et, andeems se selwer neie Wunnraum schafen oder Wunnenge kafen a weiderverlouen, oder dat zesumme mam Fong oder mat der SNHBM realiséieren. De Staat hëlleft do och mat generéise finanzieller Bähëllef.

Et fält awer och op, dass et nach vill Gemenge gëtt, déi net matmaachen. Ech zielen am Rapport eng 34 Gemengen, déi weeder eege Locatiounswunnungen hunn, nach op de Fong oder op d'SNHBM zrëckgräifen. Déi 34 Gemengen zesummen ziele bal 80.000 Awunner.

Kloer, dass virun allem méi kleng Gemenge sech domadder schwéier dinn. Dacks feelt et hinnen un de finanziellen an och personelle Moyenen, fir esou Projeten ze realiséieren.

D'LSAP steet ëmmer fir de staarke Staat, dee selwer soll aktiv ginn, fir do ze korrigéieren, wou déi fräi Maartwirtschaft versot huet. An dat ass hei esou.

Mir mussen awer feststellen, datt de Staat eleng déi Aufgab haut net erfëlle kann. Duerfir ass de Logementsproblem einfach ze grouss an et gouf ze laang verpasst, deen néidegen öffentleche Wunnraum ze schafen. Mir kommen a mengen Aen duerfir net derlaanscht, d'Privatinitiativ mat an d'Boot ze huelen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Déi Privat hunn dacks den Knowhow an d'Erfahrung, fir Bauprojeten ze realiséieren. An ech kéint mer duerchaus virstellen, datt ee kann e klengen a prezise Cahier des charges opstellen, no deem och privat Promoteure fir de Staat oder d'Gemengen developpéieren, bauen a realiséieren.

*(Interruption)*

Selbstverständlech muss am Virfeld kloergestallt ginn, wat dorop ka verdéngt ginn, besonnesch fir déi Gemengen, déi haut nach zécken, fir aktiv ze ginn um Wunnengsmaart. Aus deene Grënn, deene verständleche Grënn, déi ech virdu genannt hunn, kéint dat heiten eng Alternativ sinn.

D'Kolleege vun der CSV hu virdrun eng Motioun eragereecht, wou se soen, et soll emol eng Analys gemaach ginn iwwert d'Méiglechkeeten, déi et gëtt. A si ziele jo e puer där Méiglechkeeten op, wou een d'Privatinitiativ kéint mat abannen. Ech mengen, et ginn der nach méi wéi déi, déi Der opgeschriwwen hutt. Duerfir war eigentlech mäi Wonsch, dass mer eis mol eng Kéier géifen an der Logementskommissioun Zäit huelen, fir dat am Detail nach eng Kéier ze kucken, ier mer déi Motioun hei stëmmen, dass mer wierklech wëssen: Vu wat schwätze mer? Wat fir eng Problemer hu mer? Wéi komme mer do derlaanscht? Wéi kënne mer och vläicht verschidde Kniet léisen, déi eis an der Lescht wéi Fesselen un de Féiss waren?

An dat, mengen ech, sollte mer am Detail diskutéieren, ouni Verblendung, ouni Tabuen, dat sollte mer zesumme maachen. Ech géif mech op jidde Fall doriwwer freeën. Well mir mussen eis bewosst ginn, an dat hunn der och scho vill gesot: Nëmme wa mer all d'Acteure beienee kréien, fir un engem Strang ze zéien, da komme mer an dëser Saach och wierklech virun!

Fir ofzeschlësse wëilt ech nach eemol zwou al Iddien opgräifen. Éischters, an der Vergaangenheet hu mer zesumme mam Privatsecteur Logement geschaaft. Ech erënneren u ganz Quartieren, déi fir d'Aarbechter op der Bunn oder op der Schmelz geschaaft goufen, dacks souguer op öffentlechem Grond a Buedem. Och deemools gouf et en dréngende Bedarf, fir déi vill Zouwanderer ënnerdaach ze kréien, déi bei eis schaffen kumm sinn.

A mir wësse jo, datt vill Betriber et haut schwéier hunn, qualifizéiert Mataarbechter ze fannen, dacks, well se fir hir Leit keng adequat Wunneng fannen. Deen een oder anere Betrib spillt duerfir mat der Iddi, en eegene Wunnungsbauprojet fir seng eege Mataarbechter ze realiséieren. Och dat kéint eng Pist sinn, wéi déi öffentlech Hand mat der Privatinitiativ zesummeschaffe kéint.

An zweetens, an dat ass och keng nei Iddi, mee et ass a mengen Aen awer derwärt, se nach emol erauszekropen: Eng 40 % vun de Wunnungen, déi mer realiséieren, si fir d'Vente emphytéotique geduecht, bal 60 % fir d'Location abordable. Mir sollten nach eemol iwwert eng drëtt Méiglechkeet nodenken, nämlech, dat ass och schonn heiansdo hei gesot ginn, déi sougenannte „location vente“, wou een eng gewëssen Zäit lount, fir kënnen unzespueren an duerno da kënne Proprietär vu senger Wunneng ze ginn.

Mee et gouf gesot, dass et schonn esou Modeller gouf – an ech mengen, et war an de 70er-Joren –, déi awer deemools net zefriddestellend waren. Vläch

sollte mer dës Iddi awer net komplett verwerfen an och vläicht net nëmmen an eis 70er-Jore kucke goen, mee vläicht an eis Nopeschlänner, eis europäesch Nopeschlänner, wou et esou Modeller gëtt an eis do bei deem richtige Modell inspiréieren.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Semiray Ahmedova fir déi gréng.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Logement ass eng vun de gréisste Suergen, déi d'Leit hunn. Kafen, lounen, ënner Emphyteos oder och net: Ëmmer méi Leit hu Problemer, sech eppes kënnen ze leeschten, an ëmmer méi Jonker mussen doheem bliwen a kënnen doduerjer net selbstänneg ginn. An ëmmer méi Leit rutschen duerch déi Präisser an eng Prekaritéit.

Dofir wëll ech och direkt op dëser Plaz dem Minister Kox Merci soen, fir dës Debatte ugefrot ze hunn, fir datt mer kënnen hei an der Chamber echagéieren an debattéieren, fir kënnen konkret Léisungen dobaussen unzibidden.

Déi Zäit, an där mer liewen, ass onsécher: Ëmweltkris, sanitär Kris, Energiekris, d'Kafkraaft, déi ëmmer méi geschwächt gëtt, Interëten op der Bank, déi am Fong ville Leit Suerge maachen an natierlech Wunnengen, déi ëmmer méi onbezuellbar ginn. Dat alles dréit derzou bäi, datt mer e sozialen Desequilibrium dobaussen hunn.

Et ass wichteg, datt mer deene Leit dobaussen, eiser Gesellschaft allgemeng, Sécherheet a Stabilitéit kënnen ubidden. Mir sinn deene Leit dat schëlleg. Mir sinn deene Leit dat schëlleg, déi sech keng Wunnengen kënnen leeschten, och deenen, déi duerch héich Loyerpräisser op all Su mussen oppassen an heiansdo leider, wéi gesot, an eng prekär Situatioun erarutschen.

Dofir mussen mir massiv bauen an an d'Wunnengen investéieren. Mee net nëmmen! Dat Ganzt muss natierlech och bezuelbar sinn, soss hu mer näischt geschafft.

Fir eis ass et immens wichteg, nei Wunnengen ze schafen an net nei Millionären, déi duerch Immobilienspekulatioun ëmmer méi räich ginn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Ee vun den Haaptproblemer, oder éischer eng Brems fir de Bau vu bezuelbarem Wunnraum, ass de Mangel u Bauterrainen. De Spezialfong fir Wunnengsbauentwécklung erlaabt et der ëffentlecher Hand, eng Terrainsreserv ze constituéieren an esou méi resilient ze ginn. Dës gouf an der Vergaangenheet leider verpasst. An dofir läit eng ganz grouss Majoritéit vun den Terrainen, déi kéint séier verbaut ginn, an der privater Hand oder bei private Sociéitéiten.

An deem Kontext fuerdere vill Leit, well se mengen, dat wier déi einfachst Léisung, einfach de Bauperimeter opzemaachen. Awer eng blann Ausdeenung vum Perimeter bréngt natierlech aner Problemer mat sech an et gëtt net onbedéngt bezuelbare Raum dorop geschafen.

„Wat ass da mat der Biodiversitéit“, kann ee sech dee Moment froen, „a mam Kampf géint de Klimawandel?“ D'Iwwerschwemmung vun leschte Joer si leider e ganz traureg Beispill a weisen, wéi wichteg et ass, datt mer vernënfteg Planungskrittären hunn, fir datt dat eeben net geschitt.

Op där anerer Säit si Projeten ausserhalb vum Bauperimeter mat opwändegen Infrastrukturearbechte

verbonnen an oft kann een och net déi néideg Baudicht dorop bauen. Resultat: Den zousätzleche Wunnraum, dee mer am Fong kéinten hunn, kéint derzou bäidroen, just nei räich Proprietären ze kréien, ouni dobäi bezuelbare Wunnraum gebaut ze hunn. Dat heescht awer net, datt mir eis géint all Form vu Perimetererweiderung wieren. Do, wou se geziilt an intelligent duerchgefouert gëtt, si mer natierlech bereet, op dee Wee ze goen.

Et kann ee sech och elo déi Fro stellen: Wat ass geziilt? Wat ass intelligent a gerecht? Geziilt ass et do, wou et landesplaneresch eebe Sënn mécht. Intelligent: esou, datt mir vun Ufank u mat Instrumenter wéi dem Baulandvertrag schaffen, fir eeben net déi Baulücke vu muer ze hunn, dat heescht, déi Terrainen, déi kéint verbaut ginn, déi awer fir d'Spekulatioun virgesi sinn. A wa mer mat dem Baulandvertrag schaffen, da wäerte mer dat sécherlech net méi hunn. Gerecht: datt mir sécherstellen, datt am Fong déi Erweiderung vum Perimeter och fir de bezuelbare Raum benotzt gëtt.

Egal wéi eng Form vun der Perimetererweiderung: Wunnraum op der grénger Wiss. Dat dauert awer laang. Wou mir méi schnell agéiere kënnen a mussen, dat ass am Baupotenzial, am Bauperimeter selwer. Mir hu ganzer 5.000 Hektar disponibel. Domadder kéint ee Wunnraum – an dat musst Der Iech wierklech umierken – fir 300.000 zousätzleche Awunner schafen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Mir mussen awer och hei méi séier maachen – dat bestreit jo keen –: méi séier Prozeduren a méi eng séier Mobilisatioun vun den Terrainen. Dofir brauche mer och esou dréngend eng Reform vun der Grundsteuer an d'Afëierung vun enger Spekulationssteuer.

Mir hunn haut en Debat iwwer e Spezialfong. A wann ech mer de Rapport ukucken, da sinn ech immens frou ze gesinn, datt immens viles am Logement geschitt. Dofir ass et och op dëser Plaz interessant ze soen, wéi eng Planungsinstrumenter iwwert de Fong kënnen iwwerhaupt gedroe ginn.

D'Prioritéit vun eiser grénger Logementspolitik ass et, bezuelbare Präis am Logement unzibidden. Dofir investéiert eis Regierung an de Bau vun ëffentleche Wunnengen. Et ass wichteg ze betounen, datt déi nei gebaute Wunnengen och solle laangfristeg an der ëffentlecher Hand bliwen.

Firwat soen ech dat a firwat betounen ech dat? Mir hu jorelaang Sozialwunnenge mat Steiergelder gebaut an no zéng Joer konnten déi puer favoriséiert – soen ech elo emol – Proprietäre vun deene bëllege Wunnengen déi un de fräie Marché verkafen. Ech mengen, et brauch een hei keng Zeechnung fir ze wëssen, dass eng ganz flott Plus-value dobäi erauskomm war. En contrepartie huet natierlech eis Regierung null Resilienz kënnen opbauen, wat d'Sozialwunnengen uegt.

Mir hunn e Manque vun 2.500 Wunnenge pro Joer an et ass e legitime Constat fir ze soen, datt déi ëffentlech Hand leider net genuch Bauterrainen huet. Déi grouss Majoritéit, wéi ech och scho virdru gesot hunn, läit an der privater Hand. Dofir ass et ganz wichteg, Terrainen ze mobiliséieren, eidel Wunnengen ze mobiliséieren an natierlech och déi nei ... also net déi nei, mee déi Baulücken duerch eventuell nei Wunnformen ze besetzen, andeems den Terrain vum Staat oder vun de Gemenge fir eng Zäit verlount gëtt. Et ass eminent wichteg, fir datt mer och an deem Beräich virukommen.

Mir hunn nach vill Potenzial innerhalb vun eise PAGen, mee d'Proprietäre gesi keen Interêt, déi ze verkafen. Dofir mussen mir no neie Léisungen sichen, fir déi zesumme mat hinnen ze mobiliséieren, andeems mer, wéi ech virdru gesot hunn, vläicht nei Léisungen an nei Formen vu Locatioun fannen.

Bauterrainen ass e wichtige Vecteur, deen eis eebe feelt. Dofir hu mer hei de Pacte Logement, wou eent vun deenen Haaptziler ass a wäert sinn, ze mobiliséieren. Dank dem Pacte Logement wäerte mer awer och an Zukunft kënnen méi dicht bauen. Doduerjer ginn de Baubuedem, deen u sech endlech ass – ech soen elo emol: contrairement zu erneierbaren Energien, déi onendlech sinn –, an d'Infrastrukturen optimal ausgenotzt.

Et ass en Artikel 29bis, deen et erlaabt, an engem PAP 10 % méi ze bauen; 10 % méi wéi dat, wat u sech am PAG oder am urspréngleche PAP virgesi war. En contrepartie kréien d'Gemengen och 10 % méi Bauterrainen, déi si gratis zur Verfügung gestallt kréien. An hei benotzen ech e Wuert, an ech hu mech net mam Här Minister ofgeschwat, mee et ass sécherlech eng Win-win-Situatioun ...

**Une voix** | Si huet mam Minister gekuckt.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Nee, wierklech net. Mir benotzen dat selwecht Wuert, well et ass einfach esou. Et ass e Fait!

Fir d'Promoteuren, egal op privat oder ëffentlech ... Jo, elo hutt Der mech duerjernee bruecht!

(Hilarité)

Also fir déi privat oder déi ëffentlech Promoteuren ass et eng Win-win-Situatioun a fir d'Gemengen natierlech och.

Ech wëll awer kuerz nach eng Kéier op d'Dichte zrëckkommen. Firwat ass et esou wichteg, eng héich Baudichte ze hunn?

Engersäits ass Bauland, wéi ech virdru gesot hunn, endlech. Dofir ass et wichteg, ganz intelligent domadder ëmzegoen. Méi dicht bauen, dat proposéieren och d'Promoteuren, wann ee mat hinne schwätzt an no Léisunge freet. Dicht wëllt net onbedéngt heeschen, datt ee méi no unenee baut, mee dicht kann och sinn, datt ee punktuell op verschidde Plazen, do, wou et Sënn mécht, e puer Stäck drop baut; zum Beispill vun zwee Stäck op dräi Stäck eropgeet. Dicht jo, mee natierlech muss et nohalteg a sozial gerecht sinn.

Dorobber gëtt awer och de Pacte Logement eng Äntwert, andeems mer wierklech eng Liewensqualitéit opbauen. Dat ass och eent vun den Haaptziler vum Pacte Logement: eebe Liewensqualitéit an de Quartiere schafen.

Natierlech muss een och an engem urbane Raum aneschtens verdichte wéi an engem ländleche Raum. A wann een dat alles esou richtig verstanen huet, dann eréischt kann een déi Iddi matdroen, fir méi dicht ze bauen, andeems mer an enger gewëssener Qualitéit bliwen.

E weidere Punkt, dee muss hei ugeschwat ginn, dat ass eeben, datt bei de Gemengen e Manque u Ressourcë bis elo do war, fir datt déi sech kënnen eng Bau- an Entwécklungsstrategie, wat Wunnengen uegt, ginn. Mam Pacte Logement ass de Problem genau betruucht ginn. A sämtlech Gemenge kréien e Logementsberoder zur Verfügung gestallt, fir sech kënnen e lokale Plan d'action ze ginn an auszeschaffen.

Dir gesitt: An noer Zukunft wäerte mer méi Terrainen hunn, fir kënnen méi ëffentlech Wunnengen ze bauen. A genau dofir brauche mir och dës Spezialfong. De Fong erlaabt, déi néideg Suen direkt do ze investéieren, wou grad Bau- oder Entwécklungspotenzial entsteet a sech ubitt. Et ass en Outil, deen eis déi néideg Flexibilitéit gëtt, fir kënnen do anzeschloen, wou mer et brauchen.

Ech resuméieren: Mam Spezialfong kann een also Terraine kafen, Wunnenge bauen oder renovéieren,



Transformatioun vu Wunnengen, mee awer och Finanzement vun Infrastrukturen, Etüden, allgemeng alles maachen, wat zu enger besserer Liewensqualitéit bäidréit an e bessert soziaalt Liewe férdert.

Dëse Fong erlaabt och Constraint vum de Budgets-prozeduren – dat ass éischter op administrativem Niveau – ze vermeiden an awer och eng besser Previsibilitéit an Transparenz a puncto Aarbechten am Beräich Wunnengsbau ze kréien.

Wichtig fir eis Parlamentarier ass et awer natierlech, dëse Fong ze hunn, fir awer kënnen e Suivi alljoers ze maachen an ze gesinn, wat am Logementsberäich geschitt, wou natierlech och den Här Minister eis wäert e Rapport an der Kommissioun virstellen. Dir kënnt de Rapport och op logement.lu gesinn.

Ech erlaube mer op dëser Plaz, eng Motioun ze deposieren, déi ech mat de Kommissiounsmemberen diskutéiert hunn an déi, muss ech soen, och vun der ganzer Kommissioun gedroe gëtt, dat heescht vun all de Fraktiounen. An ech wäert nach eng Kéier zum Schluss an den Detail kommen, fir Iech ze erklären, wat déi Motioun alles mat sech bréngt.

## Motion 2

« Les projets d'envergure en matière de logements abordables »

La Chambre des Députés,  
considérant

a) la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des projets d'envergure en matière de logements abordables ;

b) les procédures à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructure adoptées en date du 3 avril 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes sur proposition de Monsieur le Ministre des Travaux publics et dont les points principaux ont été repris dans une motion « grands projets d'infrastructure travaux publics » en date du 23 octobre 2008 ;

c) la motion du 13 mai 2009 de la Chambre des Députés invitant le Gouvernement à veiller à ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros ;

d) la motion de la Chambre des Députés du 1<sup>er</sup> mars 2018 prise dans le contexte du débat de consultation sur la problématique du logement et invitant le Gouvernement à inciter le Fonds du logement et la Société nationale des habitations à bon marché ainsi que les communes à construire davantage de logements locatifs ;

e) le rapport spécial de la Cour des Comptes du 28 janvier 2019 sur la réalisation des logements sociaux et ses recommandations visant notamment la nécessité de mettre en place les outils nécessaires afin d'avoir une vue globale des projets, particulièrement en matière de consommation financière, d'état d'avancement et de réalisation effective de logements ;

f) la volonté du Gouvernement de dynamiser la création de logements abordables publics en développant en premier lieu le parc public de logements en location abordable et en second lieu celui des logements en vente abordable et en vente à coût modéré ;

g) la motion de la Chambre des Députés du 10 décembre 2019 prise dans le contexte du débat de consultation sur le Pacte logement 2.0 et considérant qu'une des priorités en matière de politique du logement consiste dans la création d'une offre nettement plus large de logements abordables destinés en premier lieu à la location ;

h) l'article 5 de la loi du 25 mars 2020 portant création du Fonds spécial de soutien au développement du logement et

obligeant le ministre à soumettre annuellement à la Chambre des Députés un rapport sur le fonctionnement et les activités du fonds, ainsi qu'un programme pluriannuel des dépenses du fonds tenant compte des besoins de logements et des projets soumis par les promoteurs ;

i) le projet de loi n° 7937 relative au logement abordable déposé le 24 décembre 2021 par lequel le Gouvernement entend mettre en œuvre un programme public concerté, responsable et ambitieux pour le développement de logements abordables qui renforce ainsi l'équité dans la société et qui la rend non seulement résiliente face au changement climatique, mais également au risque d'un clivage social provoqué par l'enchérissement continu des logements du marché privé<sup>1</sup>,

invite le Gouvernement à

a) présenter chaque année, avec le rapport sur le fonctionnement et les activités du Fonds spécial de soutien au développement du logement et en vue d'un débat à mener par la Chambre des Députés, une liste des projets d'envergure en matière de logements abordables à réaliser prioritairement par les promoteurs sociaux avec l'appui financier de l'État au cours de l'exercice suivant, voire les exercices suivants, et dont l'appui financier de l'État est susceptible d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros,

considérant en outre

a) la liste des projets d'envergure en matière de logements abordables susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros, soumis à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un avant-projet détaillé (APD), présentée lors de la réunion du 19 mai 2022 de la Commission du Logement ;

b) que les projets susceptibles d'engendrer un engagement financier de l'État de plus de 40 millions feront l'objet d'un projet de loi d'autorisation budgétaire spécifique permettant ainsi de présenter en détail l'évaluation critique des coûts ;

c) que, suite aux informations détaillées fournies par les responsables du Ministère du Logement, du Fonds du logement et de la Société nationale des habitations à bon marché, la Commission du Logement a avisé favorablement les projets présentés,

marque son accord à l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets suivants :

a) en ce qui concerne les projets à réaliser par le Fonds du logement

| Promoteur public  | Commune d'implantation du projet | Adresse<br>Lieu-dit | Durée de réalisation | Unités de logement | Participation étatique estimée en millions |
|-------------------|----------------------------------|---------------------|----------------------|--------------------|--------------------------------------------|
| Fonds du logement | Wiltz                            | Haargarten          | 2023-35              | 250                | 40-50                                      |

b) en ce qui concerne les projets à réaliser par la Société nationale des habitations à bon marché

| Promoteur public | Commune d'implantation du projet | Adresse<br>Lieu-dit | Durée de réalisation | Unités de logement | Participation étatique estimée en millions |
|------------------|----------------------------------|---------------------|----------------------|--------------------|--------------------------------------------|
| SNHBM            | Luxembourg                       | Centre de Merl      | 2022-26              | 112                | 22-34                                      |
| SNHBM            | Hesperange                       | Place Jomé          | 2025-30              | 65                 | 11-14                                      |
| SNHBM            | Clervaux                         | In der Kubischt     | 2025-29              | 51                 | 10-12                                      |

c) en ce qui concerne les projets à réaliser par les communes

| Promoteur public    | Commune d'implantation du projet | Adresse<br>Lieu-dit                | Durée de réalisation | Unités de logement | Participation étatique estimée en millions |
|---------------------|----------------------------------|------------------------------------|----------------------|--------------------|--------------------------------------------|
| AC Differdange      | Differdange                      | Bâtiment Gulliver, 14-16 Grand-Rue | 2023-27              | 45                 | 10-18                                      |
| Ville de Luxembourg | Luxembourg                       | Rue Paul Albrecht                  | 2022-26              | 42                 | 11-13                                      |
| AC Roeser           | Roeser                           | Peppange centre                    | 2022-25              | 25                 | 10-12                                      |

<sup>1</sup> Extrait de l'exposé des motifs du projet de loi

(s.) Semiray Ahmedova, Yves Cruchten, Félix Eischen, Marc Goergen, Max Hahn, Nathalie Oberweis, Roy Reding.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci.

Mme Semiray Ahmedova (déi gréng) | Ech wëll Iech awer och e puer pertinent Zuelen aus dem Rapport vun dësem Joer nennen.

Am Joer 2021 huet de Fong 171 Milliounen investéiert. Par rapport zum Joer viridrun hu mir eng Hausse vun 80 % – dat heescht: innerhalb vun engem Joer 80 % méi Investier.

Fir d'Joer 2022 ass eng finanziell Participatioun vun 300 Milliounen virgesi fir all déi effentlech Promoteuren, déi abordabel Wunnenge wäerte schafen. A mat der Depense am Kader vum Pacte Logement kéime mer souguer op 327 Milliounen erop. Am Moment si ganzer 252 Projete guttgeheescht, fir iwwert de Fong kofinanziert kënnen ze ginn, déi et erlaben, e bësse méi wéi 3.300 nei Wunneenheeten ze bauen. 40 % vun de Wunnenge si fir de Verkaf ënner Emphyteos virgesinn. Dat heescht, déi reschtlech 60 % si fir bezuelbar Locatioun virgesinn. Esou ass am Joer 2021 d'Zuel vun den effentleche Mietwunnengen ëm ganzer 7 % geklommen. Dat sinn: de Fonds du logement, d'SNHBM an d'Gemengen zesummen. Ech soen dat ëmmer erëm, mee momentan hu mir eng 2 % Sozialwunnengen op eise Marché. Eist Zil muss et sinn, dës Unzuel ze verzéngfachen.

Als Konklusioun vu menge Chiffere wëll ech nach soen, datt de Fong 2015, ënnert der Form vun 21 Artikelen, just 39 Milliounen ausginn huet. Am Verglach mat 2022, dat heescht just siwe Joer drop, hu mir eng Previsioun vun 300 Milliounen. Ech erlaube mer, op dëser Plaz ze soen, datt mer eng richtig Offensiv a puncto abordable Wunnengsbau gestart hunn. Ech maachen dann och direkt den Iwwergang, well ech wëll gären op e puer Projet-d'enverguren agoen.

D'Perspektiv fir déi Period zwëschen 2022 a 2026 gesäit vir: ganzer 2.300 Wunnengen, déi jo u sech an der Exekutioun sinn, an eng ronn 2.200, déi an der Planifikatioun sinn; natierlech mat Tendenz no uewen.

Ech enthalen Iech och net déi Projeten, déi momentan amgaange sinn, gebaut ze ginn. Esou hu mer bei Elmen 400 Wunnengen, bei Wunne mat der Wooltz mam Haargarten si mer op ongeféier 1.100; Syrdall ronn 170; Manternach 220; Mamer Wéltgebond 160.

Dat alles ass amgaangen. Kierchbiereg 500, Bouneweg 480. An natierlech däerf ech Diddeleng net vergiesen: NeiSchmelz gesäit 1.600 abordabel Wunnenge vir. An ech erlabe mer och op dëser Plaz, dem Buergermeeschter Merci ze soe fir déi flott Kollaboratioun. Mir hunn hei ee vun deene gréisste Projeten, bei deem mer wäerten abordabel bauen. Ech kéint nach weiderfuere, mee ech soen einfach: Kuckt Iech de Rapport un, dee wirklech immens pertinent a wichtig Zuele weist an och all déi Projeten, déi momentan amgaange sinn, gebaut ze ginn a wou de Bagger rullt.

Dir Dammen an Dir Hären, ech erlabe mer op dëser Plaz, meng Konklusioun ze zéien an ze soen, datt dëse Fong einfach néideg an e weidere Meilesteen ass, fir aus der Logementskris erauszekommen. Fir eis ass d'Recht op Wunnen eng Fro vu sozialer Gerechtegkeet an och nach en Integrationsfacteur derbäi. Integratioun an der Gesellschaft fir déi Jonk, fir déi Eeler, fir Ausländer, fir Lëtzeburger, fir Singelen, fir Familljen, fir Monoparentallen, am Fong fir déi ganz Gesellschaft. Dofir muss jiddereen déi Chance hunn, eng wierdeg Wunneng kënnen ze kréien.

Zesumme mam Pacte logement ass de Fong e wichtegt Instrument, fir dëst Zil vum Recht op Wunnen ze verwierklechen. Mir brauchen nach dréngend Instrumenter wéi zum Beispill de Baulandvertrag. An och d'Grondsteuer ass iwwerfällg.

Ech ginn elo kuerz nach eng Kéier op déi Motioun an. Also d'Chamber ... d'Chamberskommissioun, d'Logementskommissioun fuerdert, datt d'Regierung eis wéi dëst Joer och nach d'nächst Joer en detaillierte Bilan respektiv e Rapport mécht, wat alles mam Fonds spécial geschitt. Dëse Rapport soll am Fong de Fonctionnement an d'Activitéite vum Spezialfond der Logementskommissioun presentéieren, mat Hëllef op e järelechen Debat an der Chamber; esou wéi haut eeben.

Contrairement zum Gesetz, wou eng finanziell Ënnerstëtzung vum Staat ab 40 Milliounen virgesinn ass, déi an der Chamber muss votéiert ginn, fuerdert d'Kommissioun, datt schonn d'Projete solle presentéiert ginn, wou d'finanziell Ënnerstëtzung op d'mannst 10 Milliounen Euro erreicht. Schlussendlech ass et egal, wéi grouss oder wéi kleng e Projet ass, Haaptsaach, et gi bezuelbar Wunnenge gebaut.

D'Zil vun der Motioun ass natierlech och, e besseren Iwwerbléck ze kréien, wat um Terrain geschitt, awer och natierlech eng Previsibilitéit, eng Transparenz an eng Anticipatioun, wat de Besoin an deem Beräich och ugeet.

(Interruption)

Jo, ech hat virdrun ... Ech hu mer eng Nott geschriwwen, datt u sech déi Motioun unanime vun de Membere gedroe gëtt. Voilà.

Heimadder wier ech fäerdeg an ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An direkt huet den Här Roy Reding fir d'ADR d'Wuert.

**M. Roy Reding** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kollegen, ech muss soen: Dat haut ass eng positiv Debat, well ech Saache gesinn, wou Parteien hir bisheereg Schwellen iwwerschreiden an e bësse méi dat grousst Bild gesinn. Besonnesch d'Ried vum Kolleeg Cruchten huet mech an deem Fall wirklech impressionéiert.

Här Minister, Dir schwätzt vum zweete Marché immobilier. A mir sinn alleguerten heibanne frou, datt et dee gëtt. Et soll soziale Wunnengsbau ginn, datt ass

ganz kloer. Mee et muss een eent kucken, an dat ass dat, wat de Rapport net seet. An dat ass: Wat sinn d'Käschte par rapport zum Resultat?

Datt mir gutt Iddien hunn, datt mir méiglechst vill sozial abordabel Wunnente solle bauen, sief et an der Locatioun oder an der Emphytheos – dorobber kommen ech nach eng Kéier zrëck –, dat ass gutt. Mee wat kascht et de Staatsäckel? A wat géif et kaschten, wa mer et anescht géife maachen? Dat ass eng ganz, ganz wichteg Fro!

D'Fro ass net: Wie baut? D'Fro ass: Fir wéi vill baue mer? An dat ass genau dat, wat de Rapport eis net seet a wouzou ech den 22. vun dësem Mount eng Question parlementaire gestallt hunn. Wéi vill bewunnbar Meterkareeën hunn eis öffentlech Träger gebaut 2019, 2020, 2021? Net: Wat hu se ausginn? Oder: Wéi vill Unitéiten? Nee! Wéi vill Meterkaree bewunnbar Wunnraum? A wat huet dat kascht?

An ech stellen déi Fro net einfach esou an de Raum. Mir hunn deslescht an der Stad Lëtzebuerg, an der leschter Sëtzung, mengen ech, ofgestëmmt iwwert d'Käschte vun engem ganz flotte Projet vu véier Residenzen zu Märel an der Rue Schwall (veuillez lire: Rue Annette Schwall-Lacroix), wou d'Gemeng Lëtzebuerg e wirklech wonnerschéine Projet mécht. An dee Projet kascht Baukäschten – net den Terrain, Baukäschten! –, 6.500 Euro de bewunnbar Meterkaree.

E Privatpromoteur baut – Baukäschten, ech schwätzen net vum Verkaafspräis, mir schwätze vu Baukäschten – fir 3.500 Euro de Meterkaree. An ech denken, mat deem Delta léisst sech effektiv eng Kooperatioun undenken tëschent öffentlecher Hand, Gemengen a Privatpromoteur.

Vun de Längte vun de Prozedure wëlle mer emol guer net schwätzen! Déi si fir all Mënsch laang. Fir de private Promoteur si se laang – fir d'Gemenge si se nach vill méi laang, well dat muss jo dann duerch déi zoustänneg Gremie goen, duerch deen zoustänneg Service. Da muss ausgeschriwwen ginn. An och dat ass e Punkt.

An all déi Buergermeeschteren, déi heibanne sinn, oder déi Gemengeréit, déi heibanne sinn, wëssen dat. Wa mir eis Käschten ausrechnen loosse vun eise Service-techniquen oder vum Service des architectes an déi kommen op e rasonabele Präis a mir schreiwen dann aus, ma da kréie mer emol keng Offere méi derfir! A ganz oft ginn d'Offeren 10 %, 20 %, 30 % méi héich. Guer net ze schwätze vun der finaler Rechnung! Dat gëtt et am Privé net! De Privé muss net ausschreiwen, e muss verhandelen. An e mécht e feste Präis, vläicht mat enger Indexatioun. Mir kéinte wanzig Sue spueren aus dem öffentleche Budget, wa mer dat dote géife maachen a Kooperatioun tëscht der öffentlecher Hand an der privater Hand.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Roy Reding** (ADR) | Da wollt ech nach ee Wuert verléieren zu der Opdeelung vum sozial erschwéngleche Mietwunnraum an der Emphytheos. An ech weess, ech hunn et schonn eng Kéier gesot. Mee wannehgelift, verzeit mer, datt ech et nach eng Kéier soen. Et ass eng fundamental Ongerechtegkeet: Déi eng, déi sech kee Prêt kënnen leeschten, déi mussen Loyer bezuelen, sief et och ganz wéineg Loyer. Mee déi bezuele Loyer. Kommt, mir soen: Si bezuelen 3.000 Loyer d'Joer. Dann hu se no 10 Joer 30.000 bezuelt, no 20 Joer 60.000. Deen op Bail emphytéotique keeft – e kritt zwar nimmools eng Plus-value; dat ass och ganz richteg esou –, mee dee kritt seng Suen zrëck! Dat heescht, deen dee méi Suen huet an dee sech dat ka leeschten ze kafen op Bail emphytéotique, well en e Kredit kritt, deen huet déi 20 Joer fir

näischt gelieft! Ass dat gerecht? Denkt Iech dat dach emol nach eng Kéier duerch. Dat kann dach net sinn!

An ech sinn d'accord mam Kolleeg Cruchten, wann e seet: „Kommt, mir iwwerleeën eis e Modell vu Verlounen, Mietkauf, datt déi Leit iergendwann eng Kéier Propriétaire kënnen ginn, datt se dann och eppes hunn.“ Domadder kann ech liewen. Mee ech kann net dermat liewen, datt mer 40 % vun de Leit an deene soziale Projeten, déi komplett vu Steiergelder finanziert ginn, et erméiglechen, gratis ze liewen. An dat sinn oft keng sozial schwach Leit. An déi aner, déi wirklech sozial schwach sinn, déi mussen Loyer bezuelen.

Et ass ganz einfach falsch. Iwwerleet Iech et! An ech mengen, wann Der a tête reposée driwwer nodenkt, kënnen mer an der Kommissioun nach eng Kéier um Fong doriwwer diskutéieren an da komme mer vläicht ewech vun deem Ierwee.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Nathalie Oberweis fir déi Lénk.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. D'lescht Joer bei der Debat ronderëm de Rapport vum Fonds spécial hu mer den Haaptakzent op de Verglach tëscht dem Besoin u Wunnengen engersäits an dem Output u Wunnengen anersäits geluecht. An och dëst Joer wëllt mer dat gären esou maachen.

Mir gesinn et als wéineg produktiv, iwwert d'Finesse vun dësem Rapport ze diskutéieren, dee grosso modo déi selwecht Zuele beinhalt wéi d'lescht Joer, och wann een e puer Avancementer ka gesinn, mee deen awer eigentlech vun engem groussen Manktum temoignéiert. Ech ginn awer och am zweeten Deel vun dësem Ried méi konkret nach op e puer Zuele vun dem Rapport an.

Mir si frou, dass de Logementsministère dëse Rapport vum Fonds spécial alljoers zesummestellt an eng Debat dodriwwer an der Chamber ufreet. De Rapport liwwert en Iwwerbléck iwwert déi öffentlech an abordabel Wunnengspolitik an erlaabt et eis, e bëssen Héicht ze huelen géigeniwwer den eenzele Projeten, déi an der Chamber gestëmmt ginn, an de villen Informatiounen, déi all Joer vu ville Säiten iwwert d'Logementspolitik verëffentlecht ginn. De Rapport liwwert domat eng seriö Diskussionsgrondlag.

Ech fänken awer mat deem un, wat u Wunnenge gebraucht gëtt, woumat den zolitte Manktum och direkt däitlech gëtt. Den Informatiounen no, déi aktuell virleien, waarden eleng bei der SNHBM ronn 11.000 Leit op eng Wunneng, dovunner zwee Drëttel fir de Kaf an een Drëttel fir d'Locatioun. Beim Fonds du logement hu mer aktuell nach keng Zuele fir 2021, well et hei nach kee Rapport gëtt. Mee 2020 waren et der 3.500, déi op eng Locatiounswunneng gewaart hunn. Mir ginn emol dovunner aus, dass déi Zuel éischter eropwéi erofgaangen ass.

Derbäi kommen natierlech nach Leit, déi bei de Gemengen op Lëschte stinn, bei der AIS, wou och eng Lëscht mat 1.000 a méi Leit besteet, an aneren Acteure vun der Gestion locative sociale. Gutt a gär an ouni ze iwwerdreiwe gëtt et also aktuell 15.000 bis 20.000 Leit, déi eleng oder mat Famill op eng abordabel Wunneng zu Lëtzebuerg waarden. Dëst sinn awer just Leit, déi op enger Lëscht stinn. Vill anerer maachen dee Schrëtt warscheinlech emol net, well se souwiesou keng Hoffnung hunn, eng ze kréien. Et ass nämlech esou, dass vill méi Leit hirem Revenu no d'Recht op eng abordabel Wunneng hätten.

Deem géigeniwwer steet den öffentleche Wunnengsbau vun der SNHBM, dem Fonds du Logement an



de Gemengen, dee fir d'Joer 2021 am Rapport vum Fonds resumiert ass. Den ëffentleche Wunnengsbau kann dee Manktum um abordable Wunnengen natierlech net eleng kompenséieren. E soll dat och net, well dat géif bedeuten, de private Marché auszuklammeren an dee parallel weider aus dem Rudder lafen ze loosse mat der Konsequenz, dass ëmmer méi Leit sech un ëffentlech Promoteure wenden, fir eng nach bezuelbar Wunneng ze kréien. Domat kéime mir an en Däiwelskrees. Reng aus ekologesche Grënn, wat d'Versigelung vum Buedem ugeet, mee och, well et un Aarbechter an Aarbechterinnen feelt, fir esou vill ze bauen, kann ëffentlech Bauen – a Bauen allgemeng – eleng net d'Léisung sinn, wat d'Wunnengskris zu Lëtzebuerg ugeet.

Dat ëmsou méi, well mat der Reform vun de Logementshëllefen nach eng Partie méi Leit abordable ëffentlech Wunnenge solle kënnen kréien. Domat fëlle sech d'Waardelëschtchen zukünfteg nach méi. D'Derivé vum Privatmarché an de Präisser maachen dës Schrëtt aus der Siicht vun der Regierung wuel néideg, mee dat awer just, wann ee soss a puncto Loyerbegrenzungen, Kampf géint d'Spekulatioun an Notzung vu scho bestoendem, mee eidel stoendem Wunraum net vill virzeweisen huet. De Problem ass awer, dass domadder ëmmer méi Leit theoreetesch d'Recht op abordable Wunnen hunn, dat theoreetesch Recht awer ëmmer manner eng Realitéit wäert ginn, wat den Ecart tëscht der Offer an dem Bedarf u Wunnenge méi grouss gëtt.

Här President, souguer wann den ëffentleche Wunnengsbau den Haapteffort fir d'Léisung vun der Logementskris soll sinn, stelle mer awer fest, dass och dat riskéiert ze scheitern. Wéi ugangs gesot, ginn et e puer Fortschreitter, net zulescht Projeten, déi hei am Laf vun de leschte Méint gestëmmt gi sinn, zu Diddeleng, zu Wolz, zu Mamer an zu Biwer. Mee wann ee sech d'Zuelematerial am Rapport genee ukuckt, da stellt ee sech awer e puer Froen.

Éischters d'Fro vun der Zäitschinn: D'Zuel vun den acheviéierte Wunnenge pro Joer, déi kontinuierlech soll eropgoen, schéngt eis onrealistesche, wat eis zu der Konklusioun bréngt, dass d'Zuel surestiméiert ass. Dat weist sech duerch en einfache Verglach vun de Rapporten 2020 an 2021. D'lescht Joer huet et geheescht, dass 2021 780 Wunnenge solle geliwwert ginn. Et waren der awer däitlech manner, esou schéngt et. Villes deit drop hin, dass déi ugeschloen Zuele fir déi kommend Joren ëmmer däitlech ënnerbuede wäerte ginn.

Wat sinn d'Erklärungen dofir? Engersäits lafen d'Bauprojeten an den allerméistesche Fäll aus ganz ville verschiddene Grënn ni esou séier wéi geduecht. Anerersäits stieche mir awer och an enger Ressourcëknappheet, déi Auswierkungen op de Bau huet. Et feelt u Material, et feelt un Aarbechter an Aarbechterinnen, déi d'Wunnenge bauen. Ëffentlech Promoteure sinn och, dat gouf scho gesot, tributaire vu grousser Privatbaufirmen, déi op de Chantiere schaffen, wuel wëssend, dass déi och hir eege Projeten hunn, an déi se Aarbecht a Kapital steechen. Dofir hu mir och d'Propos vum enger ëffentlecher Baufirma gemaach, fir d'Kapazitéit bündelen a gezielt a koordinéiert asetzen ze kënnen.

Zweetens: d'Zuel vun de Logementen. Am Rapport muss ee jo ënnerscheeden tëscht de konventionéierte Logementen am Inventaire vum Fonds a Wunnengen, déi gebaut an en service sinn. 2021 si 565 Wunnenge konventionéiert ginn, mee vu dass et hei ëm Wunnenge geet, déi scho fäerdeg oder am Bau oder awer nach an der Planifikatioun sinn, heescht dat net, dass dës Wunnenge kuerzfristeg bewunnt kënnen ginn. Dass dës Zuel och däitlech ënnert dem

viséierten Zil vun 850 geliwwerte Logementen d'Joer ass, weist, dass et net esou séier wäert virugoe wéi erhofft.

Um Relevé vun den disponibele Wunnenge sinn der d'lescht Joer 261 bäikomm. Dat ass net vill, besonnesch wann ee bedenkt, dass d'SNHBM ugëtt, 300 Wunnenge clé en main fäerdeggestallt ze hunn. Dat läit natierlech dorunner, dass d'Logementen aus der Präisbindung falen an dann um Privatmarché verkaf ginn, wat jo begrëssenswäerterweis an Zukunft net méi soll de Fall sinn.

Trotzdem besteet hei eng Aart Fuite bei den abordable Wunnengen, déi och muss wettgemaach ginn. Mee dovunner ofgesinn ass dës eng verschwindend kleng Zuel, wann een déi 15.000 bis 20.000 Leit dergëinhält, déi op der Waardelëscht stinn.

Déi 7.800 Wunnengen, déi a Planung sinn, wierken och Joren, nodeem d'Regierung zu der Wunnengsbauoffensiv geblosen huet, ëmmer nach wéi eng Mëschung aus Durchhalteparole a Fata Morgana. Grouss Zuele vu Wunnenge gi fir d'Zukunft annoncéiert, mee déi Zuele réckelen ëmmer erëm méi wäit no hannen a wierken esou onerreechbar. Bei all dësen Zuelen am Rapport da géife mir eis eng besser Iwwersiicht wënschen.

D'Zuel vun de Wunnengen, déi 2021 tatsächlech fäerdeggestallt a verlount respektiv verkaf an domadder bewunnt konnte ginn, ass am Rapport net kloer erauszulesen. Do verléiert ee sech séier an domat geet och déi vläicht wichtegst Ausso vun dem Rapport ënner: Wéi vill gëtt gebaut a wéi verhält sech dës Output géigeniwwer den Zilsetzung vum 800 a méi Wunnenge pro Joer, déi sech gesot gi sinn?

Drëtters dann: d'Acquisitioun vun den Terrainen. Viruewech: D'Zuelematerial ass net ganz kloer. Et heescht do, dass 1.100 Ar Terrain fir méi wéi 400 Logementen am Joer 2021 kaf gi wieren. Allerdéngs stinn am Tableau da lauter Projete mat dran, déi d'lescht Joer och schonn drastoungen, wou och 1.300 Ar fir méi wéi 400 Logementen solle kaf gi sinn. Wann een elo d'Zuel vun de Logementen kuckt, déi am Kader vun den Acquisitiounen am Joer 2020/21 ze realiséieren sinn, kënnt ee laut dem Tablo op 225, also ongeféier d'Hallschent.

Onofhängeg vun dësem Couac bleiwe mir awer hei bei eise Kritikke vun deene leschte Méint an och vum leschte Joer. D'Surfaces, déi hei kaf ginn, si verschwindend kleng, wann ee sech de Patrimoine vun de grousser Privatpromoteuren ukuckt, déi eis den Observatoire de l'habitat kierzlech presentéiert huet.

Derbäi kënnt, dass et éischter kleng Parzelle sinn, déi deementspreechend och kleng Projete wäerten erginn. Fir eis weist sech hei déi grouss Schwächt an der Logementspolitik vun den ëffentlechen Acteuren: Si hu vill ze wéineg Moyenen, fir un Terrainen ze kommen. D'Präisser vu Bauterraine klammen an d'Onermoosslecht, während d'Spekulatioun an d'Plus-value weider guer net oder wéineg besteiert ginn. Staat a Gemenge kommen esou net un Terrainen.

Fréier oder spéider sinn d'Industriefrichen all verbaut an da gëtt et keng potenziell Bauterraine méi, déi Privatpromoteuren net prioritär wëllen, well se d'Käschte vun der Depollutioun net iwwerhuele wëllen, esou wéi de Staat dat awer mécht. D'ëffentlech Hand muss och bei de gréisseren Terrainen an an de Ballungsraum Privatpromoteure kënnen aussteechen, well och nëmmen esou eng Form vu Ghettoiséierung ze verhënneren ass. Leit mat klengen a mëttlere Revenuen müssen nach kënnen a Stied an a Quartiere wunnen, fir dass dës villfältig an divers sinn.

Här President, ech mengen, aus menger Ried geet ervir, wéi mir de Fonds aschätzen. E schaaft eng Iwwersiicht, e bréngt eng Beschleunegung beim Wunnengsbau, jo, mee mam Fonds spécial a mam ëffentleche Bauen am Allgemenge kann d'Logementskris awer net bewältigt ginn. Der Urgence, an där vill Leit sinn, dréit en natierlech guer keng Rechnung.

Dofir mussen mir kuerzfristeg – an dat sinn eis Proposen, déi mer ëmmer erëm an deene leschte Méint a Jore widderholl hunn – d'Spekulatioun op den Terrainen stoppe mat enger méi héijer Besteuerung op der Plus-value a mir brauchen eng seriöser Besteuerung vun Terrainen, déi broochleien, a mir mussen Baulücken an eidel stoend Wunnenge mobiliséieren. Ech hunn elo virdrun héieren, dass och d'DP sech fir modulaart Bauen ausschwätzt, wat mer immens begrëssen –, och iwwer Steieren an proaktiv Gemengen, déi op Proprietären duerginn a Renovatiounen an Astandsetzungen an d'Weeër leeden, fir esou méi séier Wunraum ze schaffen. A mir müssen d'Loyersentwécklung natierlech onbedéngt bremsen, an de Grëff kréien, andeems mer d'Loyere bremsen oder deckelen. Dat gesi mir esou. Mir hunn dozou och scho viru véier, fënnef Joer eng Proposition de loi eraginn, wéi Der wësst.

D'Regierung schafft jo un enger Partie Reformen, ënner anerem beim Loyergesetz, dat jo nach eng Kéier soll op de Leescht geholl ginn. Mir mengen, dass dat batter néideg ass a waarde gespaant op dat, wat do kënnt.

Villmools merci fir d'Nolauschtenen.

**M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance** | Merci och. An elo ass et un dem leschten ageschriwwene Riedner, dem Här Marc Goergen fir d'Piraten.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. De Minister huet haut eng Diskussioun ugefouert, déi mer schonn eng Kéier an änlecher Form haten och zum Rapport, soudass vill Virriedner och nach eng Kéier op dee selwechte Constat agange sinn. A sech ass et e bësse wéi esou eng Widderhuelung zënter zéng Joer: Et kënnt allkéiers dee selwechte Problem, dee jidderee a sech bei de Constaten huet, firwat de Logement net fonctionéiert, a mir zielen hei allkéiers nach eng Kéier déi schéinste Geschichten. Mee ech mengen, fir d'Leit dobaussen ännert sech awer net wirklech eppes oder zumindest net genuch. Well dat misst jo awer jiddereen unerkennen.

Kuckt een déi aktuell Situatioun, da sti mer virun enger Zënshausse an do muss een dann awer trotzdeem och nach drop kucken, dass elo scho vill Leit Problemer hunn, fir hir Kreditor iwwerhaapt ze kréien. Ech schwätzen elo emol net vum Bezuelen, wann d'Zënse am Logement an d'Luucht ginn, mee dovunner, dass am Moment emol vill Leit, déi gären e Logement géife kafen, guer net d'Méiglechkeet hunn, fir deen ze kafen, well se einfach hir Kreditor net méi kréien.

A firwat ass dat esou? Ma well zum Beispill d'lescht Joer d'Präisser nach eng Kéier ëm 12,8 % an d'Luucht gaange sinn. An dat ass eeben de Problem, deem ee ganz kloer entgéintwierke muss a wou d'Regierung an eisen Aen awer keng Brems konnt aleen, well d'Präisser hir vill méi schnell dovulafen, wéi si iwwerhaapt mat hire Fongen – oder soss iergendeppes – ka bauen oder dergéintwierken.

Elo sinn d'Materialkäschten nach guer net matabegraff, bezéiungsweis wéi schnell een elo iwwerhaapt nach Verspéidungen op deenen eenzele Projeten kritt, déi de Staat mécht oder déi ee privat mécht, soudass déi ganz Kris sech eigentlech nach wäert zouspéizen. Wat mer haut diskutéieren, wäert d'nächst Joer warscheinlech schonn erëm méi schlëmm sinn an dat Joer drop nach eng Kéier méi schlëmm.

De Minister huet et virdrun ugedeit: Hei zu Lëtzebuerg hu mer elo 1,6 % erreicht. Dat ass eigentlech eng Datz, wann een dat vergläicht mat 34 % an Holland oder 26 % an Eisträich oder domat, wéi de Sven virdrun erkläert huet – ech wouss et net, mee en huet mer dat virdrun nach eng kéier erkläert –, dass Singapur zum Beispill op 80 % ass. Dat ass e ganz interessante Projet, deen déi bruecht hunn, fir dass d'Leit awer mam Logement kënne virukommen, well si hunn e bëssen dee selwechte Phenomeen gehat wéi mir. Grad well et och e Bankestaat ass, deen dee Problem hat, sinn déi elo op 80 % kumm, a se kënnen awer doduerjer hire Leit hëllefen.

De Statec selwer huet jo och gesot, an do kommen déi Fongen net no, egal wéi ee Fong de Minister elo erauspléckt, dass mer 129.000 nei Wunnengen bräichten. Dat sinn der 6.500 d'Joer. Egal, wéi Der déi Fongen dréit a kéiert, vu lénks no riets, vun uewen no ënnen, Dir kommt einfach net no mat bauen. Dat ass ee vun de Konstaten, déi een aus deem ganze Rapport kann zéien.

An do hu mer zweeërlee Gruppe vu Clienten. Mir hunn op där enger Säit déi Clienten, déi e Logement sichen a schaffe ginn, awer sech trotzdeem um fräie Marché näischt méi kënne leeschten. An dat sinn dann och déi, déi meeschtens op de Wee wëlle goen, fir sech eppes ze kafen, wat ech verständlech fannen. Wann ee seng Famill huet, wann ee sech eppes opbaue wëll, da wëll een och eppes kafen, da wëll ee vläicht och de Kanner dat herno weiderginn. Dat ass fir eis Piraten ganz legitim, dass ee sech am Liewen eppes opbaut, an et sinn déi Clienten, déi mer müssen am Logement kréien. Dat ass dann herno de Wee vun engem Mietkauf, op deen ech herno nach eng kéier zrëckkommen.

Op där anerer Säit hu mer awer dann de locative Logement, dee mer müssen ausbauen. Dat sinn déi Leit, déi éischter vun engem sozialen Transfert all Mount liewen a sech leider och näischt wäerte kënne leeschte fir ze kafen an deementspreechend éischter op d'Locatioun ginn. Mee béides ass awer am Moment e ganz raren Artikel.

Mir Piraten sinn dofir der Meenung, dass vill méi muss gebaut ginn, dass d'Virkaufsrecht an de Gemenge vill méi oft muss gezu ginn. Also, wa mir gesinn, wat fir schéin Terrainen oder Projeten een do kéint maachen an da ginn d'Gemengeréit hin a se zéien d'Virkaufsrecht net an da geet iergendee Promoteur drop an da baut zu engem Präis, deen herno souwisou bal kee sech méi leeschte kann, dann ass dat ee vun deene ganz grouse Problemer. Fir eis misst et a sech engem d'office esou sinn, dass d'Virkaufsrecht spillt, an duerno misst een dann emol aner Prozedure maachen, ier et grouss un d'Promoteure geet, well do ass de Problem, dass deen Terrain herno souwisou verluer ass an déi meescht sech do souwisou näischt kënne leeschten.

An do si mer och bei de Baugeneemegungen. Do si mir Piraten och der Meenung, dass déi net méi sollten duerch de Buergermeeschter eleng oder iwwerhaupt duerch de Buergermeeschter stattfannen, mee dass all Gemeng sollt en eenzele Komitee kréien, deen dat ganz neutral a laangfristeg kuckt an net just iwwert déi kleng Mandatsperiod, bezéiungsweis de Buergermeeschter déi eenzel Favoritten do huet, dass mer do e Komitee hätten, deen dat ganz neutral géif maachen, well ech gesinn et jo bei eis an der Gemeng. Da kéinte mer ganz aner Projete maachen, wéi dat am Moment de Fall ass.

Dat selwecht géllt fir d'Terrainen a bei den eidele Wunnengen. Do si mir der Meenung, dass déi Fongen alleguerde ganz schnell un déi Terraine musse

kommen, well ee vun de Problemer ass: Et sinn aktuell 3.750 Hektar Bauterrain verfügbar, mee et gëtt näischt drop gebaut. Elo kënne mir esou vill schwätzen hei, wéi mer wëllen, mee wann näischt drop gebaut gëtt, hëllef mer kengem dobaussen. Esou einfach ass et! A mir müssen un déi Terrainen, un déi eidel Wunnengen kommen an do kënne mer och ëmmer verträischt ginn, dass iergendwann eng kéier eng Grondsteuer vun der Madamm Bofferding wäert kommen, warscheinlech esou zwee Deeg virun de Walen. Nee, d'Leit brauche se elo! Dat schleift schonn immens laang an do musse mer higoen ...

**M. Dan Kersch (LSAP) | O!**

**M. Marc Goergen (Piraten) | Jo, Dir kënnt „O!“ soen:** Wou ass se dann, Är Grondsteuer? Also ech mengen ...  
(*Interruption*)

Nee, Här Kersch, Dir maacht, wéi wann Dir eréischt gëschter an d'Regierung komm wiert. Ech mengen dee Problem, dee mer haut hei diskutéieren ...

**M. Sven Clement (Piraten) | En ass säit gëschter net méi an der Regierung.**

**M. Dan Kersch (LSAP) | Ech hunn näischt gesot.**

**M. Marc Goergen (Piraten) | Ma Dir hutt Iech dach elo opgereegt.** Dee Problem, dee mir hei diskutéieren ... Dat ass jo awer Är Regierung, déi elo schonn esou laang am Amt ass. Wéi ech hei virdrun d'Ried vun der DP héieren hunn, hunn ech gemengt, déi hätten ni eppes mat der Regierung ze di gehat. Déi schéinste Spréch, déi schéinste Fuerderungen. A firwat setze se se dann net ëm? Ech sinn och der Meenung, et soll een d'Ministèren zesummendinn, et kann een eppes méi digital maachen, jo, dat géif ech direkt ënnerschreien. Mee d'DP hat souguer de Logementsminister – elo ass et eng aner Partei –, ...

(*Interruption*)

... mee 10.000 Wunnengen hu se deemools versprach, an et ass näischt komm! Mee bon.

(*Interruption*)

**M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance |** Här Goergen, normalerweis adresséiert ee sech un d'Chamber, mee vu dass Dir Iech un den Här Kersch adresséiert hutt, ginn ech vläicht och dem Här Kersch d'Wuert fir ze reagieren.

**M. Marc Goergen (Piraten) | Jo, well ech soen duerno nach eppes, wat ech opgeschriwwen hunn.** Da kann e sech nach eng kéier opreegen. Mee loosst en emol kommen.

(*Hilarité*)

**M. Dan Kersch (LSAP) |** Här President, merci fir d'Wuert. Mee fir eng kéier, wou ech näischt gesot hunn an direkt ugeschwat ginn, wëll ech awer dann dem Här Goergen just soen, dass ech net seng Meenung deelen, dass d'Leit elo onbedéngt d'Grondsteier brauchen. Dat ass iwwerhaupt net dat, wat d'Leit zu dësem Moment fuerderen, mee d'Leit fuerderen, wéi Der et richtig gesot hutt, Wunnengen. A Grondsteiererhéijungen, déi schafe keng Wunnengen. Dat ass emol dat Alleréisch, wat ee muss soen.

D'Grondsteiererhéijung ass een Element vun enger neier Wunnengspolitik, déi dës Regierung mécht, net méi an net manner. Dat ass op jidde Fall d'Positioun vun der LSAP.

**M. Marc Goergen (Piraten) |** Ech si jo frou, dass dat Är Positioun ass. Ech hu jo gesot, et geet drëm, déi eidel Terrainen ze mobiliséieren.

Ech wier just frou gewiescht, Dir hätt se méi schnell ausgeschafft. Et sinn elo scho véier Joer, dass mir Piraten hei sinn an dass mer ëmmer verträischt ginn,

iergendeng kéier géif se kommen. Bon, se ass eeben nach net do.

Dann déi aner Geschicht, dat ass déi, wou mir der Meenung sinn, dass zu Lëtzebuerg onbedéngt eng Lex Koller (ndlr: loi fédérale suisse limitant l'acquisition d'immeubles par des personnes à l'étranger) komme muss. Et kann net sinn, dass de Logement hei zu Lëtzebuerg op eemol en Invest fir Fonge weltwäit ass, déi mengen, si géifen hei déi gréisste Plus-value maachen. Jo gutt, mat 12 % d'Joer kann een och vun enger grousser Plus-value schwätzen. Dat maacht Der op der Bourse net méi. Mee dat musse mer awer verënnern: Mir müssen higoen an eng Aart Lex Koller kréien, fir dass et net méi d'Investisseuren aus dem Ausland sinn, déi just hei de Logement opkafen, fir herno kënnen e méiglechst grouse Benefiss erauszéien, an d'Leit, déi hei wunne sollen, déi kréien dat net.

A fir nach weider Terrainen ze mobiliséieren – ech hat dat och schonn e puermol hei ugedeit –, si mir fir eng Leasingsformule. Mir verstinn, dass Familljen oder Leit, déi Terrainen hunn, déi net onbedéngt wëlle verkafen. Dat ass och hiert gutt Recht. Do kéint een awer op eng ganz modern Leasingsformule goen, dass se déi fir eng gewëssen Zäit zur Verfügung stellen an aner Leit da kéinten dohinneergoen an dann hir Wunneng do baue – bezéiungsweis si selwer bauen – an déi dann an enger Aart Leasing ass.

Déi ganz Geschicht, fir iwwerhaupt méi ze maachen an net onbedéngt ëmmer ..., well mir si kee Fan vum Ëmmer-nëmm-Loyer-Bezuelen, well et muss een et jo och esou gesinn: Alleguerde déi Leit, déi an enger prekärer Situatioun si mat deem Loyer, dee se bezuelen: Wa se eng kéier eraus sinn, hu se näischt méi dervun. Dee Loyer, deen ass dann zwar schéin op de Staatskonten, wann et e Staatsgebaai war, mee si selwer hunn awer näischt dovun, dat heescht, si hu sech eigentlech guer näischt opgebaut, woumat se herno eppes maache kënnen.

Dofir si mir Piraten ganz kloer der Meenung, dass mer müssen an de Mietkauf goen. De Mietkauf funktionéiert esou: zéng Euro de Meterkaree, dass Der dat während zéng Joer als eng Aart Loyer bezuelt, an dann hutt Der Äre Mietkauf an no zéng Joer kënnt Dir et da kafe bezéiungsweis dee Prêt an dann hutt Der dat schonn als Startkapital, well da sidd Der scho bei Ären 20, 30 %, déi d'Banke froen, an da kënnt Der dat Haus, dat Appartement selwer an engem Mietkauf kafen. Dat wär eng vill méi fair a sozial Léisung, wéi de Bierger éiweg e Loyer bezuelen ze loosson an herno steet en dann ouni iergendeppes do.

Wat fir eis an deem Mietkauf ganz wichteg ass, wann déi Fongen dat maachen, ass, dass et net zrëck op de private Marché geet. Ech hu virdu vum Virkaufsrecht geschwat, mee awer och vun engem Virkaufsrecht, dass, wa Sozialwunnengen oder bezuelbare Wunnraum ..., well ech hu jo virdrun déi zwee verschidden Typpe vu Clienten opgezielt. Et muss net ëmmer sozial sinn. Et gëtt ganz vill Leit mat engem ganz gudde Gehalt, bei deenen ee sech hautzudaags emol iwwerhaupt net méi virstelle kann, dass déi iwwerhaupt keng Prête méi kréien, dass déi eebe bezuelbare Wunnraum iwwert de Staat brauchen, well se soss keng aner Méiglechkeet méi hunn, an dass déi, déi awer an engem bezuelbare Wunnraum wunnen an herno erausplënnen, aus wéi engem Grond och ëmmer – Kanner kritt oder d'Kanner erausgeplënnert –, ... dass awer déi Wunnengen, Haiser herno direkt un de Staat zrëckginn.

An eis Positioun ass dofir och ganz kloer, dass de Staat selwer immens vill muss bauen, vill méi wéi elo, an dass mer net de Promoteuren dee ganze Marché iwwerloossen dierfen.



D'Aarbecht vun de Fongen ass richteg, dofir hu mer och d'Motioun matënnerschrivven. Natierlech geet se eis net wäit genuch. Mir hätte gär vill méi sozialen a bezuelbare Wunnraum, wou de Staat oder d'Gemengen oder en aneren Träger, deen hinnen ënnersteet, baut, fir dass d'Leit endlech emol eng Wunneng kréien a se net mussen an en anert Land wunne goen, fir iwwerhaupt en Daach iwwert dem Kapp ze hunn.

Dofir wärte mir Piraten der Regierung och als Partner zur Säit stoe fir alles, wat se mécht am Rame vun engem bezuelbare Wunnraum, fir dass d'Leit endlech en Daach iwwert de Kapp kréien.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Déi kleng Paus, fir den Zeenewiessel ze erlabe vun der Chamber zur Regierung.

An d'Wuert huet elo de Wunnungsbauminister, den Här Henri Kox. Dir hutt d'Wuert, Här Kox.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Merci, Här President. Fir d'éischt ... o mei, hei sinn nach vill Bicker iwwregbliwwen. Merci, Här President, fir d'Wuert nach eng Kéier. Merci och alleguerten den Intervenantë vir-drin, déi ganz vill Iddien hei ugeschwat hunn. An ech probéieren dann, och eenzel drop ze äntweren, awer och drop hinzewiesen, dass mer scho ganz vill Iddien an der Chamberskommissioun ëmmer erëm diskutéiert hunn an d'Resultat jo dat ass, wat mer elo proposéiert hunn.

Dir musst kucken: Vun de Gesetzter, déi ënner mengem Ressort leien, ass et haaptsächlech d'79er-Gesetz. An dat hu mer reforméiert mat den Aide-individuellen an dem Logement abordable, fir endlech dee Kader ze schafen, dee mer awer schmärzhaft vermësst hunn iwwer all déi Joerzénge vir-drin – well soss hätte mer déi Situatioun haut net –, well mer net dee kloer Kader haten a well mer ganz vill Wunnenge verluer hunn.

A mir si leider och blann, an och ganz vill Gemenge si selwer blann bei hirer Analys vun hirem Bestand, well soss hätte mer net dee PAL, dee Plan d'action logement (veuillez lire: Programme d'action local logement), deen am Kader vum Pacte Logement 2.0 vun de Gemengen elo opgestallt gëtt mat Hëllef vun de Logementsberoder, fir dass mer endlech emol eng Kéier en Iwwerbléck hu fir ze wëssen: Wéi eng Wunnenge goufen dann an der Vergaangenheet subventionéiert? Wéi eng Wunnengen hunn d'Gemenge selwer an hirem Bestand? An do ass eng ganz Rei där Gemengen, déi scho ganz vill a laang an hir Wunnungsbaupolitik investéiert hunn an déi hunn en Iwwerbléck.

An dat ass eng éischt Äntwert op eng Fro zu där sougenannter „Waardelëscht“, wou geschwat gëtt – et war d'Madamm Oberweis, mengen ech – vun 20.000 Leit, déi eng Demande gemaach hunn. De Fonds du logement, mengen ech, ass och an d'Luucht gaang op 5.000. Mee mir wëssen haut nach ëmmer net, ob déi Leit sech elo beim Fonds du logement gemellt hunn a gläichzäiteg bei der SNHBM oder och bei iergendenger Gemeng. Dofir ass et jo esou verdammt wichteg, dass mer dee RENLA endlech kréien – dee RENLA ass nämlech de Registre national vun de Logements abordables, dee mer alleguerten zesummen eng Kéier opgestallt a subventionéiert hunn – an dass mer dee Register eng Kéier kucken.

Dann hu mer awer och parallel déi Lëscht vun den Demandeuren, déi mer dann och opstellen, fir de

Lien ze maachen tëschent deenen engen, déi Demandeur sinn, an deenen aneren, wou d'Wunnenge sinn. An do dertëscht ass de Bailleur social, dat hunn ech Iech schonn eng Kéier erkläert an der Commissioun. An déi Krittären hunn ech Iech vir-drin probéiert ze erklären, fir dass awer och d'Gemengen hir Hoheit kënnen ausspillen, fir déi Leit an déi Wunnengen ze kréien, wou se mengen, datt et am beschte wier, no engem gewëssene Krittär, deen awer novollzéibar, transparent a fir jiddereen d'selwecht ass. An dat ass dat, wat mer op de Wee bruecht hunn. An et ass dat, mengen ech, wat awer ... Dofir ass et esou wichteg, dass mer dee RENLA do kréien!

Firwat hu mer déi Reforme gemaach? An ech kucken op ee Riedner, deen am Ersatz fir en anere Riedner do war. Ech géif och dem Här Lies alles Guddes wënschen an hoffen, dass en net ze vill geplot ass. Ech wollt op véier, fënnf Punkte vum Riedner agoen, dee vun der CSV mandatéiert war, fir hei ze schwätzen, nämlech déi vum Kierchefong.

Firwat huet de Kierchefong dann op eemol elo net méi matgemaach? Ech kann et och soen. De Rendement, dee mir gerechent hunn an dee gemaach ginn ass am Bail à loyer, war 8 %. An et ass gefrot ginn: „De Bail à loyer, wéini kommt Der da mat där Reform?“ Do steet dran: 5 % Rendement. A mir hunn dat duerchdiskutéiert a mir hunn och gesot: Wa mir, d'effentlech Hand, 75 % ginn, fir abordabel Wunnengen ze kreéieren, a mir verléieren déi no 20 Joer, jo, wat hu mer da gemaach?

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Dat si fir mech Sue vun der effentlecher Hand, a wann ech soen: „am Intérêt général“, an dat ass jo d'Obligatioun, déi mer musse liwwere par rapport zu de Krittäre vun der Europäescher Commissioun, dann hu mer näischt gemaach. Mir hunn alles Méiglecht gemaach. Mir hu probéiert, mat op de Wee ze goen. Mir wäerten och nach eng Kéier déi Diskussioun féieren. Mir héieren iwwregens, dass ass jo och ugeklungen, dass d'ASBLen elo nervös gi sinn. Jo, well mer d'Obligatioun hunn, dass dee Benefiss, deen een Einzelne mécht mat der Subventioun, déi mir als Staat ginn, net eng Concurrence déloyale zum Privatmarché duerstellt. Dat mécht et jo och grad schwéier, fir iwwerhaupt e Private mat eranzebréngen, well et ass eis net erlaabt, hinne Benefisser zouzeschousteren, wa se net am Intérêt général sinn, fir kënnen deenen zeguttzekommen, déi dann d'Bedürfnis hunn. An dofir ass dat awer esou – an dat hu mer vill diskutéiert, dat hu mer an de Commissiounen diskutéiert –, dass dee Modell muss opgoen, och par rapport zu den Obligatiounen, déi mer gemaach hunn.

Dee Stéllstand, dee genannt ginn ass, ... Jo, do gesäit ee jo, wat awer déi Angst war: „Mir mussen op eemol eis bedeelegen!“ Den 19. Februar war esou e Stéichdatum. Do si ganz vill Projekte séier, séier, séier op den Instanzewege geschéckt ginn, fir ënnert deen ale Krittär vum 29er (veuillez lire: Artikel 29) ze falen, nom Pacte Logement 1.0, fir sech net der Obligatioun auszesetze vum neie Pacte Logement, Artikel 29bis, fir ze soen: „Kommt, mir maachen eppes zesummen, andeems mer kucken, dass d'Densitéit an d'Luucht geet, dass d'effentlech Hand eppes kritt, dass déi Win-win-Situatioun kënnt.“ Dat ass e puermol och vun der Madamm Ahmedova gesot ginn, mengen ech. Dat ass wichteg! Dat ass jo déi Abannung, déi mer mat der Privatwirtschaft maachen. Déi hu mer jo gesicht iwwert déi dräi Joer. Déi hu mer diskutéiert.

Dofir: Ech kommen nach eng Kéier an d'Kommissioun. Mir hunn dat duerchgerechent, ganz vill, awer dat muss ëmmer an der Finalitéit zilorientéiert sinn, fir dass et deenen zeguttkënn, déi et och brauchen,

an dat sinn déi, déi op deene Lëschte sinn, déi mer endlech national mussen hunn, fir dass mer e besseeren Iwwerbléck hunn.

No de GLSen ass gefrot gi vu verschiddene Riedner. Et steet och an der Motioun, d'GLSe misste gekuckt ginn. Mir haten e ganzen Dag, zwee Deeg souguer, wou d'Gemengen och invitéiert waren, iwwert d'Assises du logement an de Logement abordable. Do ware mer zwee Deeg mat 90 Leit zesummen, mat Acteure vun dobaussen. Souwuel Gemenge wéi Beroder waren derbäi. Do hu mer d'GLS och diskutéiert. Wéi kënne mer se ausbauen? Iwwregens hu mer fir d'GLS virun zwee Joer Subventioun ëm 20 % an d'Luucht gesat, fir dass se och funktionéiert. Dat hu mer gemaach.

Och nach eng Kéier zu der Motioun, wou gesot gëtt, mir missten nach weider Etüden, fiskalesch Etüde maachen: Ech hunn Iech eng Nott presentéiert, d'Nott 30, mengen ech, vum LISER. Dir kënnt se kucken. Do gesitt Der den Ënnerscheid, oder do kënnt Der kloer erausliesen, wéi grouss d'Subventioun sinn, déi mer haut schonn an d'Privatwirtschaft ginn oder un dee Privaten, deen Einzelnen, a wivill mer an d'Offer ginn. Ech mengen, an der Dokumentatioun vu gëschter vun IDEA ass déi selwecht Lëscht nach eng Kéier opgegraff ginn. Am fiskalesche Beräich schwätze mer vun Déchet fiscal: wat net erakënn a wat mer awer ausginn. Dat kann een alles liesen. Ech mengen, dat braucht Der jo och, fir déi Debatt, déi Der iwwert d'steierlech Moossnamen elo féiert d'ici zwou Wochen. Ech mengen, do wäert Der jo nach eng Kéier driwwer schwätzen.

Dat heescht, déi Privat sinn déck am Boot mat derbäi. A mir hunn all Moyaen gesicht, fir kënnen e Modèle luxembourgeois erauszefannen, fir ze soen: „Ok, mir maachen net déi Obligatioun, déi déi Däitsch hunn!“ Well do musst Der d'office, wann Der zu Düsseldorf baut, 30 % fir 20 Joer abordabel liwweren. Wat hu mir gesicht? Mir hu probéiert, dass si net mussen ze vill dropleeën, awer dass mir och e Gain hunn, dass mer eeben en Deel an d'effentlech Hand kréien, ouni dass mer deen deieren Terrain musse bezuelen. An dat ass dat, wat mer mam Artikel 29 (veuillez lire: Artikel 29bis) maachen.

An dann d'Ausschreiwungen. Wie ríft no Ausschreiwungen? Grad d'Privatwirtschaft, fir eebe just den Abus ze vermeiden! Dass net einfach eng effentlech Hand iergendengem dat an d'Hand gëtt an dann duerno deen aneren de Fanger an de Mond mécht. Dofir sinn déi Ausschreiwungen do! Wat awer den Artikel 29bis mat sech bréngt, dat ass dat: Si musse jo eppes ofrieden. Wa si um privaten Terrain bauen, da baue se fir d'effentlech Hand mat. An duerno – am Artikel 29bis ass dat gekläert – gi se déi Wunnengen der effentlecher Hand zum Entsteungspräis. Mir hunn dat mat hinnen diskutéiert, „à livre ouvert“ heescht dat. Si kréien hire Gain, hire Gewinn un der Matière première an hire Aarbecht, déi se un Ingenieursleeschtung gemaach hunn, awer d'Plus-value verléiere se. D'Plus-value ass, datt se jo awer méi kënne bauen. An deen Deel, deen d'effentlech Hand kritt, dee kréie mir zum Entsteungspräis. An dofir hu mir dee Cahier de charges.

Är Suen, Är Plaffongen, déi Der genannt hutt, ... Ech weess net, wou Der déi hier hutt, well eise Plaffong, dee mir an eiseem Cahier de charges hunn, ma deen ass scho vill ze héich. Mir dierfe jo net méi subventionéiert ginn. Duerfir, déi Zuelen, déi Der genannt hutt, déi kënne mer gären eng Kéier an enger Kommissiounssëtzung ...

*(Interruption)*

Herno, wannechgelift. Déi Zuele kënne mer gären herno eng Kéier an enger Kommissiounssëtzung

kucken, well déi entsprechen net der Realitéit, jidde-falls net déi, déi mir a sëllege Projeten hunn, déi mer all Dag am Ministère analyséieren oder amgaang sinn, ze analyséieren.

Ech hu jo nach e bëssen Zäit, ech wollt awer nach eng Kéier op déi eenzel Prozeduren agoen. Jo, mir kënnen op verschidde Prozedure méi séier ginn. Jo, och am Ëmweltberäich op Verschiddenem. Awer ech sinn net deen, deen hei géint Biodiversitéit virgeet, géint de Klimawandel (veuillez lire: Awer ech sinn net deen, deen hei géint Biodiversitéit virgeet, géint d'Mesuré géint de Klimawandel). Mir musse versichen, déi nei Quartieren an der Integrativitéit vun deem ze maachen.

An Dir hutt Singapur genannt. Meng Duechter ass zoufällig fir zwee Joer zu Singapur an ech hat d'Chance, virun dräi Wochen do ze sinn. Do geet et an d'Héicht. Da musse mer awer dee Mentalitéitswandel och hei diskutéieren, well d'Héicht ass eng aner Héicht wéi déi, déi mir hei diskutéieren. Et ass och eng aner Integratioun vum ëffentleche Raum. Et ass Gréngs an den ëffentleche Gebaier, dat bis ... ech weess net wéi héich gaangen ass, awer ganz héich. Mee et si Potenzial do, an d'Mixitéit, déi se maachen, déi ass och ganz interessant: Eng Mixitéit, well se ganz ënnerschiddlech Ethnien hunn, déi zesummeliewen, an harmonesch Zesummeliewen. A se kucken, fir déi Mixitéit och eranzekréien. An déi Mixitéit hu mer jo och an eiseim Bail-à-loyer-Gesetz – nee, am Logement abordable – jo integréiert.

Mir gi jo elo an der Locatioun bis an d'Mëtt vun der Gesellschaft, bis den Decile 5, a mir gi souguer bei der Vente a bei der Vente à coût modéré bis den Decile 70 (veuillez lire: 7). Dat heescht, mir maachen eng optimal Mixitéit och an deene Projeten, déi ech hei presentéiert hunn.

De Bail emphytéotique ass deen eenzege Moyen, fir dass mer de Präis kënnen brieche, wann d'ëffentlech Hand deen net virschéisst. Well déi Wunnengen, déi mer zu Contern elo vun der SNHBM, oder wou och ëmmer – fir 600.000 Euro eng ganz optimal Wunneng fir eng Famill –, op de Marché bréngen, sinn zougänglech fir déi Leit, déi eppes do wëllen a se brauche sech keng Gedanken doriwwer ze maachen. A wa se dann eng Kéier solle verkafen, jo, da kréie si den Inflatiounsausgläich zrëck, och den Invest, awer net d'Spekulatioun. An et ass jo dee Feeler, dee mer an der Vergaangenheet gemaach hunn: Si hunn um Marché matspekuléiert, well se déi Wunnenge weiderverkauft hunn!

An dat huet eebe Wien net gemaach säit 100 Joer, an dofir huet Wien 220.000 Wunnengen an ëffentlecher Hand: Well se ze gehalen an net verkaf hunn! An de Präis – et war virun dräi Wochen e ganz flotte Bericht am „Spiegel Online“, an deem Der och d'Präisser vum Meterkaree konnt vergläichen tëschent München, Berlin a Wien –, do läit Wien bei 15 Euro de Quadratmeter. Dat heescht, dat ass déi Politik, déi se gemaach hunn. Se hunn net alles dominéiert, se hunn awer e groussen Deel gehal. An dat ass dee Sockel, dee mir brauchen. Fir eng Cohésion sociale ze garantéieren, do brauche mer dee soziale Wunnengsbau, dee mer heimadder maachen.

Wa mer beschleunegen wëllen, dat hunn ech schonn hei gesot: Vun der Madamm Taina Bofferding ass e Projet vum Baulandvertrag mam Remembrement ministériel nach ëmmer um Instanzewee, deen et fäerdegbréngt, Terrainen ze remembréieren, wou virdrun ëmmer ee war, dee blockéiert huet. Ech hunn Iech dat scho gesot. 1964 ass de Remembrement viticole op der Musel gemaach ginn. Do wär et ni zu engem Remembrement komm, wa mer deen Absolutismus

géifen esou maachen, wéi mer dat bei de Bauterraine maachen. Mir hunn et fäerdegbruecht, säit 1964 de Remembrement viticole ëmzesetzen, ouni dass e Blockage komm ass. An dofir ass et esou wichteg, dass dee Remembrement ministériel och wäert kommen.

Nach déi Iddi, déi den Här Cruchten hat, an och aner, vun der Location vente. D'Location vente hu mir bei den ëffentleche Wunnengen. Déi, déi dodra wunnen, bezuelen e ganz niddrege Loyer, a wa mer dee System elo kréien, an dat ass och zu Wien, zu Kaiserslautern esou – dat kann een novollzéien –, da kënnen se uspueren, fir vläicht d'Etapp vum Kaf mat Emphyteos kënnen ze maachen, respektiv da spéider op dem Privatmaart.

Bei all deenen anere Calculatiounen – et deet mer leed, mir hu se all gemaach –, war nach keng derbäi, déi opgaangen ass. Sou och déi modular Bauweis, déi mer kréien.

*(Interruption)*

Jo, ech och, et ass sympathesch. Mee all déi Projeten, déi mer bis elo presentéiert kruten, a mir hunn der scho vill diskutéiert, déi gi wirtschaftlech net op am Sënn vun der Nohaltegkeet, vun dem Invest par rapport zur Obligatioun, dass den Intérêt général muss respektéiert ginn. Wann dat net de Fall ass oder wann et opgeet, kee Problem! Am Private kann dat ëmmer nach gemaach ginn. Wann e Privaten dat mécht, wann eng Gemeng higeet an d'accord ass, dass do eng modular Bauweis kann entstoën, a si ginn deen Terrain dofir, wann da vläicht e Privaten dat mécht – déi maachen dann en Deal ënner Particulieren –, jo, da maacht et! Mee de Reglement ass dee vun der kommunaler Ëmsetzung. Mee wa mir en Invest maachen als ëffentlech Hand, vun der Aide à la pierre, musse mer de Krittäre vun den ëffentlechen Aiden entsprechen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Här Minister, den Här Roth wëllt Iech eng Fro stellen.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Jo, ech wollt Iech net ënnerbrieche, mee Dir sidd eigentlech op e Punkt komm, wou ech selwer net weess, ob dat gutt oder schlecht ass. D'Fro ass déi: Dir schwätzt elo vun der Kollaboratioun mat engem Privaten. Mir kënn zu Ouer, wéi se dat bei eis um Land soen, dass eng Rei vu Privaten da selwer hir sozial Wunnenge bauen, déi se musse bauen, an dann, o Wonner, sinn op eemol herno déi Acquireuren dovunner d'Kanner vun de Promoteuren. Dat heescht, ...

*(Interruption)*

... jo dach, well déi falen ënnert de Krittär. Wann Dir e Student hutt vun 18, 19 Joer, bon: „Ich habe nix!“, da fällt deen ënnert d'Krittäre vum Logement social an da ginn déi Wunnengen eigentlech net deene Leit zou-afektéiert, fir déi se misste sinn. Ass dat dem Reglement no méiglech oder net?

**M. Henri Kox, Ministre du Logement** | Nom neie Reglement wäert dat net esou einfach sinn, well dat doten ass nach ëmmer de Modell vum alen Artikel 29. Den Artikel 29 ...

**M. Gilles Roth (CSV)** | Ass dat net méi méiglech? Well ech kéint ... ech dierf dat elo net maachen, mee ech kéint Iech awer konkret ...

**M. Henri Kox, Ministre du Logement** | Nee, mir kënnen dat ... Pardon, dass ech Iech elo nach eng Kéier ënnerbrieche. Dat war jo déi grouss Krux bei deem Artikel 29 vum ale Gesetz vum Pacte Logement. Do waren d'Krittären net kloer. Wien ass de Beneficiaire, deen an déi Wunneng kënn? Wat ass, wann deen zousätzlech ëmmer méi verdéngt, ëmmer méi Akommes huet? Op eemol ass e guer net méi an deene Krittären dran.

**Une voix** | Mee am Ufank ass en dran.

**M. Henri Kox, Ministre du Logement** | Dofir, déi Krittären, déi mer elo opstellen an deem neie RENLA – dat geet vläicht elo iwwert deen eraus –, do probéiere mer, dat doten an den Diskussiounen, déi mer souwuel mat de Gemenge wéi mat den ASBlen hunn, ze reegelen. Dofir hu mer déi Krittäre jo opgestallt: Wou ass d'Localitéit? Wou schafft en? Wou wunnt en? Wéi en Akommes huet en? Fir d'Eligibilitéit ze hunn. An e muss passen an deen Decile, dee mir jo definéiert hunn am neie Logement abordable. Deen ass nach net gestëmmt. Do gi mer hin a mir ginn op den Decile 6, dat heescht 60 % vun all de Leit kënnen dovun profitéieren, 70 % bei dem Coût modéré – do kënnen se och en Haus kafen – a bei der Locatioun 50 %.

Wa mer dann dee RENLA hunn, maache mer eng Lëscht vun deenen, déi am Ëmkrees vun där Gemeng do kéinten an déi Wunneng kommen. An et ass de Bailleur social – dat kann d'Gemeng sinn, dat kann den Office social sinn aus där Gemeng –, dee festleet, wéi eng Krittären a wéi eng Urgence do ass, fir dat ze maachen. E kann dra passen, wann en an deem Decile dran ass. Bis de 6 oder 7 kann en dra wunnen. An domadder, menge mer, ass dee Krittär novollzéibar, transparent a fir jiddereen d'selwecht.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Ass dat fir de Locatif?

**M. Henri Kox, Ministre du Logement** | Dat ass fir de Locatif, mee och fir d'Vente. Ech mengen, mir sollten dat nach eng Kéier diskutéieren. Mir kréien och d'Geleeënheet, mengen ech. Dat ass e wichtege Punkt.

Ech hunn nach gëschter Owend mam Syvicol-President doriwwer diskutéiert, dass dat natierlech wäert diskutéiert ginn. An d'Versteesdemech, mengen ech, dat war eng falsch Liesaart, an dofir hunn ech dat jo och gemaach virdrun: D'Gesetz, dat elo haut do ass, ass vill méi restriktiv par rapport zu deem, wat mer proposéiert hunn. Do ass Klärungsbedarf, Diskussionsbedarf, do kéint vläicht nach eng Schrauf gedréit ginn, a wéi eng Richtung och ëmmer. Awer de Prinzipp muss kloer sinn: dass et novollzéibar ass, dass et fir jiddereen equitabel ass an dass jiddweree gläich gekuckt gëtt. An do sinn d'Fräiheete vun deenen Eenzelne grouss genuch, fir dat da kënnen ëmzesetzen. Bon, „déi Privat“ gëtt ëmmer gesot, an ech muss soen: Deen Artikel, dee mer elo do hunn, do hu mer jo laang mat deenen driwwer diskutéiert. Dat ass den Artikel, deen et méiglech mécht, fir dat ze maachen.

An och iwwert déi Betribswunnengen hu mer diskutéiert. Dat ass haut scho méiglech. D'Firme kënnen haut no de Krittäre vum 1979er-Gesetz a spéider och no deene vum neie Logement abordable Déngschtwunnenge maachen. Mee déi Déngschtwunnengen, an dat hunn ech awer diskutéiert ... Wann d'Aarbechter vun enger Firma X hir Aarbechtsplaz verléieren, ass et dann um Patron, ze soen: „Da gehéiers du och net méi a meng Wunneng!“? Ech mengen, do hu mer awer dann e Krittär, wou mer awer da Schwierigkeeten hunn, wa mer als ëffentlech Hand eng Aide au logement, Aide à la pierre – 75 % –, bezuelt hunn. Ech mengen, do musse mer awer dann nach eng Kéier driwwer schlofen.

Dat ass eppes aneres wéi fréier virun 100 Joer. Deemools bass de op d'ARBED schaffe gaang an do hues de an der zweeter, drëtter Generatioun nach op der ARBED geschafft. Dofir war dat eppes ganz aneres. Do ass jo d'SNHBM entstanen. D'SNHBM ass entstan, well déi Demande do war, an dunn ass dat och gemaach ginn, mat deene Krittären, fir dass dat kloer war.

Mee wann ech als Patron eppes bauen, an ech kréie 75 % a soen: „Dat ass meng Wunneng, a wann deen



net méi bei mir schafft, huet dee kee Recht méi, a menger Wunneng ze wunnen!", wou d'effentlech Hand 75 % bezuelt huet, abee merci! Dat solle mer awer dann nach eng Kéier diskutéieren, wat dat fir eng Equitéit ass a wéi ech dat zu Bréssel oder iergendwou kéint verteidegen, wann ech als Privaten decidéieren: „Wann s du net méi a mengem Betrib schafft, da gehéiers du och net méi an d'Wunneng, och wann ech déi Wunneng zu 75 % finanziert krut.“ Dat, mengen ech, muss awer nach vill diskutéiert ginn! Ech jiddefalls hu ganz grouss Problemer domadder, well et net zu der Equitéit bäidréit an net der Finalitéit vun deem Projet entsprécht an och net par rapport zu dem Intérêt général, dee muss priméieren iwwert den Intérêt privé. An dat ass d'Obligatioun, déi mer ëmmer vis-à-vis vu Bréssel hunn.

Ech mengen, dem Roy Reding hat ech och do déi Käscht gesot. De Mietkauf, nach eng Kéier: Mir hunn nach kee Modell fonnt, deen d'Strooss hält. Beim RENLA hat ech gesot, fir déi Lëscht endlech opzebauen. Den Artikel 29 hat ech ugeschwat.

D'Erwaardungen, dat ass nach e Punkt, deen d'Madamm Oberweis erwänt huet, iwwert de Bedarf an de Bestand. Jo, ech muss awer soen: Mir mussen eng Kéier ufänken! Ech hunn elo ugefaangen. Ech net eleng, mee mir hunn zesummen ugefaangen. Mir komme vu 40 Milliounen an der Moyenne! A fir mech geet dat och nach net duer, wa mer d'lescht Joer op 170 Milliounen waren. Dëst Joer komme mer op 220 Milliounen an d'nächst Joer gesinn d'Previsiounen 300 Milliounen vir. Jo, dat geet fir mech nach net duer!

Mee wou komme mer hier a wéi ass d'Tendenz? Ech mengen, mat deenen Diskussiounen, déi ech mat de Gemengen hunn, ass déi ganz positiv. Do ass déi ganz Dynamik do, fir kënne matzehëllefen, an déi Richtung ze goen. Do hu mer natierlech d'Erausfuerverderung vum Artikel 29bis. Dat ass eng Erausfuerverderung, mee ech denken, déi Projeten – ech hat et jo ernimmt vir-drin –, déi mer zu Miersch an um Cents gemaach hunn als Modell, déi funktionéieren. Déifferdeng huet d'Hallschent vum Gravity-Tuerm ofkaaft no de Konditiounen, déi mer do festgehalten hunn. Rout Lëns: Do sinn Diskussiounen amgaange gefouert ze ginn, fir déi Krittäre dranzemaachen.

Bon, bei deem anere grouss Projet, Schëffleng, si mer amgaang. Dat ass zwar natierlech nach e bësse méi wäit fort, fir dat ze maachen. An de ganze Kierchbiere, muss ech Iech soen, do si mer stänneg amgaangen, dat ze maachen. An ech mengen, och dohannen, den neie Projet, do ass souguer en Deel gemaach ginn. Kommt, mir ginn nach e bësse méi héich, well do effektiv d'Stad Lëtzebuerg et erlaabt huet, fir méi héich ze goen, fir der effentlecher Hand och entsprechend méi Projeten à livre ouvert kënnen unzëiden no deene Krittären, nom Cahier des charges, dee mer elo festgeluecht hunn. Et geet nëmmen op deem Wee, wou mer mat effentleche Finanzen, déi jo awer nëmmen begrenzt do sinn, den Optimum, dat beschte Resultat herno, an abordabele Wunnenge fannen.

Ech mengen, ech hunn de gréissten Deel duerchgeholl. Natierlech wësst Der, dass mer an der Diskussioun bleiwen, dass ech zu all Moment an d'Chamberskommissioun kommen. Ech hunn absolutt kee Problem domat.

Mee déi Punkte vun der Motioun, bon, do sidd Dir grouss an al genuch, fir dat kënnen ze entscheeden. Jiddefalls, den éischte Punkt mat der GLS si mer amgaang ze diskutéieren, deen hu mer och schon diskutéiert. Dat Zweet ass d'Nott 30, do hutt Der méi wéi genuch Problemer. A mat der Coopération renforcée si mer amgaang. Saitdeem ech um Ministère sinn,

hunn ech soss näischt gemaach wéi déi Kooperatioun mat der Privatindustrie ze maachen.

Ech si jiddefalls frou fir déi ganz flott a gutt Debatt. An dofir mengen ech, dass ech alles gesot hunn.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Logementsminister Henri Kox. Da freet nach den Här Mars Di Bartolomeo d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo, ganz, ganz kuerz, wéi dat bei mir üblech ass.

Här Minister, Är Argumentatioun an Éiere vis-à-vis vu Betriber, déi sech engagéieren, fir Wunnenge fir hir Mataarbechter ze schafen. Déi kann ee féieren. Mee et gëtt awer Beispiller an der Vergaangenheet, wou dat genial geklappt huet! Souguer d'Betriber an Zesummenaarbecht mat de Gemengen, an Zesummenaarbecht mam Staat, soudass ee vläicht sech iwwerleeë sollt, ob een nei Formen, nei Mëschforme sollt fannen, wéi e Betrib seng Leit ka fideliséieren.

A wann de Salarié erausgeet, heescht dat jo net, dass déi Wunneng verluer ass. Da kënn gegebenefalls en anere Salarié amplaz. Dat heescht jo net, dass e muss erausgesat ginn, mee et ass einfach d'Suggestioun. Ech kommen aus enger Gemeng, an där genial gutt Erfarungen dermat gemaach goufen. Dass ech iwwerhaupt en Elternhaus krut, ass op esou eng Kooperatioun zwëschen engem grouss Betrib, enger Gemeng an aneren zréckféieren, soudass een dat vläicht nach eng Kéier mat Betriber, déi wëlle hunn, an déi dote Richtung ze goen, kann duerchdiskutéieren.

Ech weess, dass Dir fir esou Iddien absolutt op sidd. Ee Géigenargument heescht net, dass et net op där anerer Säit eng ganz Rei gutt Argumenter géif ginn, déi derfir géife schwätzen, dat ëmsou méi, well d'Betriber ëmmer méi Schwierigkeeten hunn, fir Personal wäit iwwert d'Grenzen ze rekrutéieren. A wat d'Nohaltegkeet ugeet, wär dat doten eng Form, déi net ze verwerfe wär.

Merci.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Très bien!

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Vlächcht ganz kuerz.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo.

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Ma dat doten hu mer alles schon diskutéiert.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo.

**M. Henri Kox**, Ministre du Logement | Ech war nämlech virun zwee Méint bei der Chambre des Métiers an der Chambre des Artisans, zesumme mat de ganze Promoteuren – ech wëll elo d'Nimm net soen –, wou mer dat doten diskutéiert hunn. An déi bescht Léisung vun hinnen ass nach net komm, fir dass dat doten d'Strooss hält, dat muss ech Iech awer soen. Mir schaffen nach weider do drin, och fir d'Equitéit, dass et novollzéierbar ass an d'Strooss hält. Ech sinn op dofir.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Vlächcht kann een zum Beispill och d'Leit vun de Gewerkschafte mat-schwätze loossen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Logementsminister Henri Kox. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

**Motions**

Mir kommen dann elo nach zur Diskussioun respektiv dem Vott iwwert d'Motiounen.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vun der CSV deposéiert ginn ass. Wëllt nach een zu där Motioun eppes soen? Den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also, eis ass se ganz sympathesch, esou wéi ech vir-drin gesot hunn. D'Haaptsaach, d'Leit kommen un e bezuelbare Logement, och wann dat elo e privaten Investisseur ass, dee sech awer un déi Reegelen hält. Well d'CSV huet jo drageschriwwen: 10 Euro de Meterkaree. Dat ass dee Präis, dee mir eis och ëmmer virstellen. A wann e privaten Investisseur esou kann higoen a sozial beziungsweis bezuelbar Wunnenge maachen, dann hu mer och eppes geschafft. Well et ass, wéi richtig vir-drin gesot ginn ass, esou, dass de Staat net alles selwer ka bauen. A wann een dat kann op dem private Marché maachen, ass dat eng gutt Iddi.

Den zweete Punkt, d'steierlech Virdeeler, wann een e Loyer freet, dee bezuelbar ass, dat ass eigentlech eng Pist, déi een och weider muss ausbauen. Am Moment ass et jo schon esou, dass ee manner Steieren drop bezitt, wann een e soziale Loyer freet. Mee et kéint een déi Pist och ausbauen, fir dass och verschidde Proprietäre méi Interessi dru kréien, fir hir Wunnenge méi bëlle zur Verfügung ze stellen an dat dann en contrepartie steierlech kënnen ze optimiséieren. Dat wär e ganz grouss Virdeel, well da komme mer op dee méi bëlle Logement, an da kommen och méi Leit un eng Wunneng.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Wa keng weider ...

(Interruption)

D'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, ech verstinn d'Logik vun der CSV, mee mir deelen déi Logik net. Mir hunn en anere Point de vue op dës Problematik. An der GLS ass et jo esou, dass een e sozialen Encadrement huet. Mir froen eis, ob dann déi privat Acteuren och géife Sozialaarbechter astellen an deen Ament och géifen e soziale Suivi maachen a wéi dat konkret géif ausgesinn.

Mir mengen, dass dës Missioun eng aner ass wéi déi vu privaten Acteuren. Also, mir mengen, dass et wichtig ass ze gesinn, dass et aner Ziler gëtt. E privaten Acteur huet aner Ziler wéi en effentlechen Acteur, wéi eng AIS oder wéi effentlech Bauträger. Dofir menge mer, dass d'Ziler net déi selwecht sinn, dass d'Logik och net déi selwecht ass, mat där ee schafft. A mir gesinn dat net esou.

Mir mengen, dass een éischer misst op de Wee goen, wéi ech et vir-drin gesot hunn, d'effentlech Promoteuren ze stäerken, och eng AIS ze stäerken an eeben déi konventionéiert Organismen, déi elo schon an der GLS sinn, ze stärke wéi elo privat Acteuren, déi eng aner Logik hunn – et dierf ee sech näischt virmaachen: Do sinn aner Interessien am Spill –, fir déi do mat eranzehuelen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An da geet d'Wuert un d'Madamm Semiray Ahmedova.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Jo, par rapport zu der Motioun. Also, et ass esou, datt de Problem betruecht ginn ass an datt och déi Aiden ëm 20 % erhéicht gi sinn. An an deem Sënn gesi mir am Fong keen Interêt, fir datt dat Ganzt nach eng Kéier an der Logementskommissioun diskutéiert gëtt, well et ass amgaangen, dru geschafft ze ginn.



**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Ahmedova. Da freet nach den Här Roy Reding d'Wuert.

**M. Roy Reding** (ADR) | Merci, Här President. Also, ech fannen d'Pist extreem sympathesch, fir dat doten nach eng Kéier méi am Detail ze analyséieren. Ech hunn allerdéngs déi gréisst Problemer mat de Consideranten. Wann een do elo schonn, vun uewen erof an ouni datt mer Berechnunge gemaach hunn, e maximale Loyer vun 10 Euro de Meterkaree festsetzt, ass dat ganz einfach net seriö, well et net der Realitéit entsprécht. Dat muss ee maachen, nodeems ee Berechnungen ugestallt huet, an net, éier ee se ugestallt huet. An an deem Sënn géif ech menger Fraktioun roden, eis ze enthalen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Reding. An da geet d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Félix Eischen.

**M. Félix Eischen** (CSV) | Jo, am Numm vum Här Lies géif ech soen: Virdrun huet den Här Cruchten avancéiert, dëst eventuell nach eng Kéier an der Kommissioun ze diskutéieren. Domadder wiere mir absolut d'accord.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Eischen. Ech mengen, mir kënnen dann zum Vott ...

(Interruption)

Den Här Yves Cruchten nach.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, merci. Also, ech bleiwen och där Meenung. An ech mengen, dass grad déi Debatt haut gewisen huet, dass do Erklärungsbedarf ass an dass do nach vill Froe sinn, dass mer alleguerter vill Froen hunn driwwer, wéi esou eng Kooperatioun kéint ausgesinn.

Den Här Minister huet jo och gesot, dass en am stännege Kontakt ass an dass e vill Gespréicher gefouert huet. Et wär jo gutt, wa mer eis eng Kéier Zäit géifen huelen, vläicht scho virun der Rentrée am September, dass mer eis eng Kéier an enger Kommissioun Zäit géifen huelen, fir alleguerter déi Saachen do am Detail ze diskutéieren. Do geet et elo net reng ëm déi Motioun hei, mee ëm den Aspect général, deen den Här Eischen ugeschwat huet an deen Dir jo och hei laang an Ärer Interventioun debattéiert hutt. Also,

ech géif dat absolutt sënnvoll fannen, wa mer dat géife maachen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Ahmedova.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Jo, ech wollt déi Propos maachen, datt mer déi Motioun hei, vu datt dru geschafft ginn ass, wéi gesot, an déi Aidë erhéicht gi sinn, net matdroen an datt awer de Sujet an der Kommissioun nach eng Kéier kann traitéiert ginn, mee elo net cibléiert am Hibleck op dës Motioun.

Ech géif Iech déi Propos do maachen. Ech mengen, den Här Minister wollt eng Kéier reagéieren. Ech géif dobäi verbleiwen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, ...

**Plusieurs voix** | Nee!

(Brouhaha)

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Also, déi Motioun net an d'Kommissioun, mee de Sujet ka jo ugeschwat ginn.

**M. Fernand Etgen**, Président | ... dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Nee.

**M. Fernand Etgen**, Président | Nee?

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Här President, ech hu mech vläicht falsch ausgedréckt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Dat heescht, et gött ofgestëmmt iwwert d'Motioun? Ok. Da stëmme mer iwwert d'Motioun of.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Jo, merci.

**Vote sur la motion 1**

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. Et feelen der nach e puer. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 21 Jo-Stëmme géint 33 Nee-Stëmme a 4 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Paul Galles), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Marc Spautz), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Félix Eischen), Aly Kaes, Marc Lies (par*

*Mme Octavie Modert), Georges Mischo (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz et Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt (par M. Gusty Graas), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Frank Colabianchi), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Djuna Bernard) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

**Motion 2**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2, déi vun der Madamm Ahmedova deposéiert ginn ass. Wie wëllt nach zu där Motioun d'Wuert ergräifen?

**M. Roy Reding** (ADR) | Déi kënnen mer à main levée stëmme, mir hunn déi jo all ënnerschriwwen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Da kënnen mer zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

**Vote sur la motion 2**

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

Domat wiere mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung si fir de 5., 6. a 7. Juli virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 17.56 heures.)

## 64<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | Mme Djuna Bernard, Vice-Présidente

### Sommaire

- Ouverture de la séance publique** ..... p. 32  
M. Fernand Etgen, Président
- Communications** ..... p. 32  
M. Fernand Etgen, Président
- Changement de composition de la Conférence des Présidents** ..... p. 33  
M. Fernand Etgen, Président
- Ordre du jour** ..... p. 33  
M. Fernand Etgen, Président | M. Gilles Roth | Mme Martine Hansen | M. Gilles Roth (intervention de Mme Martine Hansen) | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Yves Cruchten) | Mme Josée Lorsché (interventions de M. Gilles Baum et M. Gilles Roth) | M. Gilles Baum | M. Yves Cruchten | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (intervention de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse) | M. Michel Wolter

- Heure de questions au Gouvernement** ..... p. 35  
**Question n° 331 du 5 juillet 2022 de Mme Martine Hansen relative à la « Passerelle 1 GSO vers le diplôme d'éducateur », adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** ..... p. 35  
Mme Martine Hansen | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse  
**Question n° 332 du 5 juillet 2022 de M. Claude Lamberty relative au service de prévention « Départ en vacances » de la Police grand-ducale, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure** ..... p. 36  
M. Claude Lamberty | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure  
**Question n° 333 du 4 juillet 2022 de M. Carlo Weber relative aux locaux de l'Administration des ponts et chaussées à Clervaux, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** ..... p. 36  
M. Carlo Weber | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics



**Question n° 334 du 5 juillet 2022 de M. Fred Keup relative à l'enseignement à domicile, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ..... p. 37**

M. Fred Keup | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Question n° 335 du 5 juillet 2022 de Mme Josée Lorsché relative aux recommandations du Conseil de la concurrence concernant le secteur pharmaceutique, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

**Question n° 336 du 5 juillet 2022 de M. André Bauler relative aux recommandations formulées par le Conseil de la concurrence suite à l'enquête sectorielle dans le secteur pharmaceutique, adressée à Mme la Ministre de la Santé ..... p. 37**

Mme Josée Lorsché | M. André Bauler | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

**Question n° 337 du 5 juillet 2022 de M. Paul Galles relative aux conséquences du plan climat « Fit for 55 » de la Commission européenne sur le Plan national intégré en matière d'énergie et de climat, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable ..... p. 38**

M. Paul Galles | Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement

**Question n° 338 du 5 juillet 2022 de M. Gusty Graas relative au nouveau concept de prise en charge néonatale à la maternité du Centre Hospitalier du Nord (CHdN) à Ettelbruck, adressée à Mme la Ministre de la Santé ..... p. 39**

M. Gusty Graas | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (interventions de M. Jean-Paul Schaaf)

**Question n° 340 du 4 juillet 2022 de Mme Cécile Hemmen relative au service payant « Ruffbus », adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics ..... p. 39**

Mme Cécile Hemmen | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 341 du 5 juillet 2022 de Mme Djuna Bernard relative à l'éducation financière à l'école, notamment en ce qui concerne les cryptomonnaies, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ..... p. 40**

Mme Djuna Bernard | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Question n° 342 du 5 juillet 2022 de M. Dan Kersch relative au développement des dépenses militaires, adressée à M. le Ministre de la Défense ..... p. 41**

M. Dan Kersch | M. François Bausch, Ministre de la Défense

**Question n° 343 du 5 juillet 2022 de M. Dan Biancalana relative aux conclusions à tirer du sommet intermédiaire des exécutifs de la Grande Région, adressée à Mme la Ministre à la Grande Région ..... p. 42**

M. Dan Biancalana | Mme Corinne Cahen, Ministre à la Grande Région

## 6. Interpellation de Mme Semiray Ahmedova au sujet du développement du site Belval ..... p. 42

Exposé : Mme Semiray Ahmedova

Débat : M. Marc Spautz | M. Max Hahn (interventions de M. André Bauler) | Mme Simone Asselborn-Bintz | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen (interventions de Mme Simone Asselborn-Bintz) | Mme Martine Hansen (interventions de M. Dan Kersch)

Prises de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | M. Claude Turmes, Ministre de l'Aménagement du territoire | M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche (intervention de Mme Myriam Cecchetti) | Mme Martine Hansen (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Meisch | Mme Myriam Cecchetti (parole après ministre) | M. le Ministre François Bausch

## 7. 7925 – Projet de loi relative au régime d'aides en faveur des entreprises investissant dans des infrastructures de charge pour véhicules électriques ..... p. 59

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire : Mme Jessie Thill

Discussion générale : M. Jean-Paul Schaaf (dépôt de la motion 1) | M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prises de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | M. Marc Goergen (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Turmes | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7925 et dispense du second vote constitutionnel

Motion 1 : Mme Jessie Thill | M. Jean-Paul Schaaf

Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission (adopté)

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert, M. François Bausch, Vice-Premiers Ministres ; M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, M. Marc Hansen, M. Claude Turmes, M. Henri Kox, M. Franz Fayot et Mme Joëlle Welfring, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.02 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Nee, Här President.

## 2. Communications

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

**Communications du Président – séance publique du 5 juillet 2022**

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

8035 – *Projet de loi relatif au recrutement des professionnels de la santé pour la prise en charge médicale et de santé des personnes fuyant la guerre en Ukraine*

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 29/06/2022

8039 – *Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2021*

Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 30/06/2022

8040 – *Projet de loi sur l'harmonisation des carrières inférieures des fonctionnaires et employés de l'État et portant modification : 1. de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ; 2. de la loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État ; 3. de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant les conditions et modalités de l'accès du fonctionnaire à un groupe de traitement supérieur au sien et de l'employé de l'État à un groupe d'indemnité supérieur au sien ; 4. de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale*

Dépôt : M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique, le 04/07/2022

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2387 – *Demande de pétition publique : Fir e bessere Service um Client bei de Banken*

Dépôt : M. Nicolas Gengler, le 27/06/2022

2388 – *Demande de pétition ordinaire : Pfand für Zigarettenkippen*

Dépôt : M. José Luis Olivares González, le 28/06/2022

2389 – *Demande de pétition publique : Abolir « la pension alimentaire à titre personnel d'un homme ou d'une femme en cas de divorce »*

Dépôt : M. Luis Pires, le 28/06/2022

2390 – *Demande de pétition publique : Fournir des permis de travail aux parents séparés ou divorcés qui ne détiennent qu'un titre de séjour sur une prise en charge familiale/sponsorisée*

Dépôt : Mme Carol Gobey, le 29/06/2022

2391 – *Demande de pétition publique : Établir des procédures d'enquête médico-légales professionnelles obligatoires dans tous les cas signalés d'abus d'enfants*

Dépôt : Mme Carol Gobey, le 29/06/2022

2392 – *Demande de pétition publique : Permis de conduire – Fahrerlaubnisrecht – Gegenseitige länderübergreifende Anerkennung der Führerscheinerweiterungen – B196 (Deutschland) und B100 (Luxemburg)*

Dépôt : M. Frédéric Becker, le 29/06/2022

2393 – Demande de pétition publique : En Educateur diplômé ass méi wéi e B1. Gerechte Salaire fir de Bac+1 och op Staats- a Gemengenniveau

Dépôt : Mme Sandrine Massard, le 30/06/2022

2394 – Demande de pétition publique : Pour le maintien d'une station au CNG à Luxembourg-ville

Dépôt : M. Vincent Binamé, le 30/06/2022

2395 – Demande de pétition publique : Empêcher la promotion, la légalisation et la normalisation des comportements sexualisés avec les enfants par le système judiciaire – utiliser des études/audits approfondis

Dépôt : Mme Carol Gobey, le 30/06/2022

2396 – Demande de pétition publique : Lutter contre l'insécurité et la chute de passage à Luxembourg-ville (Centre)

Dépôt : M. Brice Noirot, le 30/06/2022

2397 – Demande de pétition publique : Pass 10 Joer valabel

Dépôt : M. Ryan Shepherd, le 01/07/2022

2398 – Demande de pétition publique : 35 heures

Dépôt : M. Manuel Alves, le 02/07/2022

2399 – Demande de pétition publique : Finir avec le congé collectif

Dépôt : M. Yonathan Lopez, le 03/07/2022

2400 – Demande de pétition publique : Augmentation temporaire du montant total de la faveur fiscale résultant de l'application du taux super-réduit de 3 % pour les nouvelles constructions de 50.000 EUR à 150.000 EUR

Dépôt : M. Yannick Lotti, le 04/07/2022

2401 – Demande de pétition publique : Autoriser Uber et d'autres plateformes de transport mobile à opérer au Grand-Duché

Dépôt : M. Abner Andrey Martinez Zamudio, le 04/07/2022

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Changement de composition de la Conférence des Présidents

Wat d'Zesummesetzung vun der Conférence des Présidents ugeet, informéieren ech Iech, datt den Här Gilles Roth als neie President vun der CSV-Fraktioun d'Madamm Martine Hansen säit dem 1. Juli ersetzt.

### 4. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, esou wéi d'Présidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Interruption par M. Gilles Roth)

Den Här Gilles Roth freet d'Wuert.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Ech huelen op Wonsch vun eiser Fraktioun d'Wuert zu dem Ordre du jour. Mir hunn op dem provisoireschen Ordre du jour eng weider Sitzung virgesinn e Freideg de Mëtten, fir iwwert déi sougenannt Impfflicht ze diskutéieren.

Et ass awer esou, dass mir no engem längeren Echange, dee mer an eiser Fraktioun haten, der Meinung waren, dass dat ze vill eng wichteg Fro ass, fir dass engersäits de President vun der Regierung, de Ministerpresident, de Xavier Bettel, eng Deklaratioun

mécht an dann direkt duerno d'Fraktiounen dozou inhaltlech Positiounen sollen huelen.

Ech muss Iech ganz éierlech soen, dass dat awer e bëssen hasardéis ass, well mir reagéiere jo net par rapport zu dem Avis vun den Experten, mee mir reagéiere par rapport zu enger Positioun, déi dann d'Regierung, vertrueden duerch de Xavier Bettel, der Chamber matdeelt. An ech soen Iech ganz éierlech: Mir sinn eng Vollekspartei, wou mer iwwert déi Fro och ënnerschiddlech Meinungen hunn. Dat, mengen ech, ass normal. A mir hätten awer gären, dass am Virfeld, ier eise Spriecher, an dësem Fall de Claude Wiseler, de Parteipresident, am Numm vun eiser ganzer Fraktioun dozou Stellung hält, mer déi néideg Zäit hätten, fir an der Fraktioun déi Positioun ze diskutéieren.

Ech mengen och ganz éierlech: Mir hunn nach zwou Woche Chamber, dat ass dës Woch, a mir hunn och d'nächst Woch Chamber. A fir deen Debat an aller Serenitéit a mat allen Ausgewogenheete kënnen richteg ze féieren, géife mer Iech proposéieren, dass dës Woch, am léifsten ee vun den normale Sitzungsdeeg, dat heescht muer oder en Donneschdeg, de President vun der Regierung Xavier Bettel eng Deklaratioun mécht an dass duerno, am beschten déi nächst Woch, d'Chamber en Echange de vues iwwert déi Deklaratioun hätt. Ech mengen, dat géif vill zur Saach bäidroen. Dozou kënnt nach, dass mir als gréisst Fraktioun an der Chamber vill Leit hunn, déi och op kommunalem Plang Engagementer hunn, an dass dat e Freideg de Mëtteg relativ schwiereg ze bewierkstellen ass, well déi Leit och an hirer Funktioun als Buergermeeschter, als Schäffen oder als Gemengeconseiller eng ganz Rei vun aneren Engagementer hunn.

Mir géifen Iech wierklech dorëm bidden – ech mengen, déi Urgence, déi ass ginn, mee si ass net op eng Woch ginn –, fir dass een e serene Debat am Interessi vun der Fro, an et ass eng sensibel Fro, kéint féieren. Duerfir géife mir Iech eindringlech bidden – ech weess, mir hunn dozou keng Majoritéit –, dass Der deem Gehéier géift schenken.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. Ech muss wierklech soen, datt ech e bëssen erstaunt sinn, well eeben d'Fraktiounscheffin vun der CSV-Fraktioun hiren Accord ginn hat fir deen doten Ordre du jour.

(Interruption)

D'Madamm Paulette Lenert huet d'Wuert gefrot gehat.

Duerfir erstaunt dat mech awer net nëmmen e bëssen, dat erstaunt mech immens vill, muss ech awer wierklech direkt soen. Well dobäi war d'Madamm Hansen och nach déi Éischt, déi op d'Lettre circulaire, fir dat e Freideg ze maachen, geäntwert huet.

D'Madamm Paulette Lenert kritt d'Wuert. Nee? Net. Da kritt d'Madamm Martine Hansen d'Wuert.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Ech hu geäntwert, well mer warscheinlech keng aner Méiglechkeet hatten. Ech wëll awer soen, datt mer haut de Rapport kritt hunn. Haut hu mer de Rapport kritt, de Moien. Fir d'Éischt hu mer um 9.00 Auer nogelauschert. Dat war net esou evident, déi Iwwerleeungen alleguer ze suivéieren an no den Iwwerleeungen déi selwecht Konklusioun ze zéien, zumindest fir mech net, wéi ech dat nogelauschert hunn.

Dunn hu mer de Rapport kritt. Deen hu mer kritt während der Sitzung vun der Fraktioun. Dunn hu mer driwwer diskutéiert a mir waren eis awer eens, datt et do net esou einfach wär, elo konkret Positiounen ze

huelen, a mir wéisste jo och nach guer net, wat d'Regierung géif soen.

Gläichzäitig hu mer gekuckt: Wie kéint iwwerhaupt do sinn e Freideg de Mëtteg? Mir hu ganz vill Leit, an ech mengen, net nëmme mir, well ech hat änlech Reaktiounen vun der Majoritéit kritt, déi gesot hunn: „Dat do ass jo am Prinzipp eng Organisatioun, déi net méi ze organiséieren ass.“ Et si Leit, déi hu freides mëttes, duerch hir aner Verpflichtungen, eebe scho Verpflichtungen. An da kréie mer et vläicht net hin, fir eng richteg serene Debat hei ze féieren iwwer e Sujet, deen awer, mengen ech, derwäert ass, datt een déi an aller Serenitéit féiert. Et kann een dat net einfach esou dohinnerklaken.

An dofir wär et fir eis wichteg, ech froen et nach eng Kéier, datt mer dat géifen opdeelen. Eng Deklaratioun, déi kënne mer definitiv maachen, mir hunn déi nächst Deeg elo net vollgepaakt, an da kéinte mer déi Woch duerno eng Reaktioun dorobber maachen. Dat muss dann och kee Modell 1 sinn. Do géife mer och eens ginn, wéi bei deenen aneren Deklaratiounen, wann all Fraktioun zéng Minutten hätt, an da géife mer dat sécherlech op den Ordre du jour kréien. Mee da kéinte mer eis a Rou iwwerleeën, fir eis Reaktioun dorobber ze preparéieren. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. Ech wëll nach eng Kéier och mäin Erstaunen äusseren, well u sech d'CSV-Fraktioun hiren Accord zu deem ofgeännerten Ordre du jour ginn hat.

(Brouhaha et exclamations)

Den Här Roth nach eng Kéier.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Ech verstinn Äert Erstaunen. Mee Dir sidd éischte Bierger vum Land an als éischte Bierger vum Land hutt Dir, grad wéi mir alleguerten, déi 60 Deputéiert, déi hei Stellvertreider si fir déi 650.000 Awunner, déi d'Land huet, a fir alleguerten déi, déi hei verkéieren, d'Aufgab, dass mer eng rasonabel an eng konzertéiert Approche, am beschten zesummen, an esou enger quokeleger Fro wéi iwwert d'Impfflicht fannen. An duerfir maachen ech nach eng Kéier, mat all Ärem Versteedsdemech, zesummen och vläicht mat dem Versteedsdemech vun der Regierung, en eindringlechen Appell, dass een dat esou mécht. Dat heescht, dës Woch eng Deklaratioun vun dem Premier am Numm vun der Regierung, an dat sollte mer da roueg déi nächst Woch diskutéieren.

D'Madamm Hansen huet et mat Recht gesot an ech mengen, déi zéng Minutten, déi kann all Fraktioun sech huelen, déi Stonn oder déi annerhalfe Stonn – dat ass e Fussballmatch –, déi do derbäi erausfällt. Dat kann ee maachen. Ech géif Iech wierklech nach eng Kéier bidden, dass Der Är Positioun, mat allen éischte Reaktiounen, déi d'Madamm Hansen gesot huet – mir hunn dat konstruktiv gesinn –, revidéiert an dass mer dann eng gemeinsam Léision an deem Sënn, wéi mir et virgeschloen hunn, géife fannen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Roth, ech wäert a mengem Ermiessen d'Conférence des Présidents zesummeruffen an déi doriwwer informéieren. Dat sinn net ech, deen dat decidéiert. Decidéiert, datt mer et esou géife maachen, hat d'Totalitéit vun deene Memberen aus der Conférence des Présidents, déi d'Stëmmrecht haten, ...

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Mir kënnen awer hei den Ordre du jour änneren.

**M. Fernand Etgen**, Président | ... och d'Vertreiderin vun der CSV-Fraktioun.

Dann huet den Här Kartheiser d'Wuert gefrot.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President. Ech mengen, an dëser Fro wëllt ech d'CSV ënnerstëtzen. An ech soen Iech och, firwat.



Éischtens emol huet den Här Roth ganz Recht, wann e seet, datt et e ganz wichtege Dossier ass. A mir waarde scho ganz laang op de Rapport vun den Experten. A mir haten en eigentlech vill éischter erwaart. En huet eeben op sech waarde gelooss. Mir respektéieren déi Aarbecht. Mir hunn och um Resultat gesinn, datt déi Experte sech ganz vill Méi ginn hunn, an dofir, wéinst där Méi, mengen ech, musse mir och Zäit hunn, fir dat wierklech ze liesen, ze diskutéieren.

Ech erënnere just drun, datt d'Kolleege vun der LSAP och an eisen internen Diskussiounen déi Iddi opbruecht haten, datt d'Gesondheetskommissioun och sollt en Echange doriwwer hunn. A souwäit ech d'Organisatioun vun eisen Aarbechten am Abléck gesinn, ass dat net virgesinn am Abléck.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | En Donneschdeg um 8.00 Auer.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Pardon?

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | En Donneschdeg um 8.00 Auer.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Dat ass elo en neit Element. Mee och dann, och dann, Här Cruchten – merci fir déi Informatioun –, hu mer hei e Rapport, dee 70 Säiten huet, wann ech mech richteg erënnere. Dann ass eng kuerz Reunioun virgesinn, wou een dann en Echange kann hunn, dann eng Erklärung vum Premierminister, wou mer awer nach net wëssen, ob mer en Donneschdeg um 8.00 Auer da gewuer ginn, wat d'Regierung de Freideg seet. An da solle mer Stellung huelen.

Ech mengen, et ass wierklech eng ganz wichteg Fro. A mir sollten d'Geleeënheet hunn, alleguer, mengen ech, eng Positioun ze formuléieren, déi dann deene verschiddene Vuen an deene verschiddene Parteien entsprécht. Mir hu kee Problem, ech soen Iech dat ganz kloer, mee ech mengen, mir respektéieren awer, datt an anere Parteien do d'Vuë vläicht ausernee-ginn an datt déi vläicht méi Zäit brauchen, fir do eng Meenung ze fannen. Dat ass absolutt an der Rei.

Wéi gesot, et geet och drëm, datt d'Gesondheetskommissioun dat ka kucken. Mir hu laang op dee Rapport gewaart. An ech mengen, datt et och vläicht wichteg ass, datt mer aus enger Gewunnecht erauskommen, wou d'Regierung aleng op eemol Datume fixéiert an d'Parlament ganz kuerzfristeg do reagéiere muss. Mir hunn dat e puermol gehat an deene leschte Méint. Mir hunn dat och bei anere wichtege Froen, datt einfach d'Regierung op eemol Datume fixéiert, och géint eis Gewunnechten. Ech erënnere zum Beispill un den Discours iwwer den État de la nation, wou mer och esou Diskussiounen haten a wou mer och eng Entwécklung hunn, wou d'Regierung awer op eemol den Agenda vum Parlament wëllt fixéieren.

Hei ass et och e bëssen esou. A vun eiser Säit aus wëll ech just insistéieren, datt mir als Parlament, an zemoos wa grouss Parteien hei sinn, déi awer een Drëttel vun de Wielerstëmme representéieren, déi soen, datt se awer en anere Kalenner fir sech brauchen, datt mir dann net nëmmen, soe mer mol, der Regierung nolauschteren, mee awer och deene gewielte Vertrieeder vum Vollek, a kucken, datt mer en Agenda ënner eis festleeën, deen awer déi Rücksicht weist, déi mer een deem aneren hei am Haus schëllegen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. Dann huet den Här Gilles Roth d'Wuert gefrot, dann d'Madamm Josée Lorsché an den Här Yves Cruchten.

*(Brouhaha)*

**Mme Josée Lorsché (déi gréng)** | Virum Här Kartheiser war de Gilles Roth.

**M. Gilles Baum (DP)** | Här President, fairheetshalber loosse ech der Madamm Lorsché de Virtrëtt, well si sech viru mir gemellt hat.

**M. Fernand Etgen, Président** | D'Madamm Lorsché da fir d'éischt.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng)** | Merci, Här President. Ech sëtze vläicht e bëssen op der Säit. Dir kuckt net ëmmer op d'Säit, mee ech hat mech wierklech ganz am Ufank gemellt.

An d'Kolleege vun der CSV a vun der ADR wäerte sech elo wonnen iwwer dat, wat ech soen. Mir hunn och konstruktiv Jo gesot, well mer fonnt hunn: Et ass e wichtege Sujet! Mee elo mierke mer, dass déi Debatt awer wierklech muss à fond gefouert ginn, dass den Avis viles hiergëtt, och vläicht net genuch hiergëtt, dat musse mer gesinn. Mir haten nach keng Zäit, dat ze maachen. Dofir ass et mol wichteg, eis mat den Experte kënnen auszutauschen, Froen ze stellen a sech dann eng Meenung ze bilden. An eng Meenung bilt ee sech net an Zäit vun dräi Minutten, wann den Här Bettel hei geschwat huet.

Wéi gesot, mir hunn eisen Accord ginn, fir net e Prozess vun der Diskussioun ze blockéieren. Mir sinn awer och der Meenung, dass dat hei eng Debatt ass, déi wierklech all eis Biergerinnen a Bierger betrëfft. Jiddwereen ass mat deem Covid do gehait. An da kënnen mir net esou eng Schändemokratie hei opbauen, déi seet: „Jo, den Här Bettel huet geschwat, a mir hu schonn direkt eng Meenung!“

Dofir si mer eis eens ginn, och d'Fraktiounscheffe vun der Majoritéit, dass mer den Här Bettel seng Deklaratioun maache loosse an dass mer eis dann déi néideg Serenitéit a Rou huelen, fir an eise Kreeser och doriwwer ze schwätzen, well soss schwätzt e Fraktiounscheff an de Rescht vun der Fraktioun weess emol net, wat dee seet, well en net konnt mat hinne Récksprooch huelen.

Dofir proposéiere mir dann, déi Saach nach eng Kéier an d'Conférence des Présidents zrëckzeginn.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Merci, Madamm Lorsché, fir déi Ënnerstëtzung.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm, Lorsché.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Da ginn ech d'Wuert un den Här Gilles Roth.

**M. Gilles Baum (DP)** | Nee, dat ass deen do.

*(Hilarité)*

**Une voix** | Den Här Gilles Baum.

**M. Fernand Etgen, Président** | A pardon, den Här Gilles Baum. Dat ass mat deene Gillen, do hu mer dat ...

**M. Gilles Baum (DP)** | Här President, maacht Iech keng Suergen, mir zwee, mir verdroen eis.

Et wäert ...

*(Interruption et hilarité)*

Et wäert, mengen ech, mir goe wéi den 59 aneren Deputéierten heibannen. Ech woen elo mol ze soen, dass bis elo keen de Rapport in extenso gelies huet. Ech woen ze soen, dass kee bis elo in extenso sech konnt eng Meenung maachen. An ech mengen, et wär falsch, wa mer eis géifen eng Meenung maachen iwwer eng Headline, déi zum Beispill bei RTL stoung respektiv vläicht bei engem anere Sender oder bei enger Zeitung.

D'Theema ass esou eescht – et ass gesot ginn, mir befaassen eis säit iwwer zwee Joer dermat –, dass

mer eis wierklech sollten Zäit huele fir allegueren d'Nuancen, allegueren d'Facetten an och allegueren d'Analysen, déi gemaach gi sinn, well et schéngt mir vläicht awer net esou eendeiteg ze sinn, wéi et vläicht de Moien an der Press erauskomm ass.

Kommt, mir huelen eis déi Zäit! Da musse mer vläicht d'nächst Woch am Programm nach eppes abauen. Ech fannen déi Propos, déi gemaach ginn ass, gutt, datt mer géife soen, fir jiddwereen zéng Minutten: Ech mengen, da komme mer mat enger décker Stonn eraus. Ech géif mech dann der Propos, déi vun de Kolleege vun der CSV gemaach ginn ass, uschléissen, där kann ech mech uschléissen. Ech mengen awer dann, an dat ass vläicht d'Nuance, dass mer dann awer net sollten de Premier eng Deklaratioun maache loosse e Freideg de Mëtten, mee e soll dann och seng Deklaratioun maachen dee Moment, wou mir d'riwwer schwätzen.

*(Brouhaha)*

A wa mir elo en Dëschdeg Zäit hunn, dann, mengen ech, sollte mer dat awer kënnen an engem Block regroupéieren, dat heescht, d'Deklaratioun, an dann dat, wat mir wëlle soen, hannendrun. Haut ass Mëttwoch. Wa mer dat géifen, ech soen elo einfach, zum Beispill en Dëschdeg maachen, dann hätte mer awer fënnef ganz Deeg, wou mer eis kéinten drop preparéieren. Also, wéi gesot, ech ka mat där Propositoun, déi vun där anerer Säit gemaach ginn ass, mat averstane sinn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Baum. Dann hat den Här Yves Cruchten d'Wuert gefrot.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Merci, Här President. Ech mengen, ech hat d'CSV anescht verstanen. Ech hat d'CSV verstanen, wéi wa se eigentlech wéilt Zäit hunn tëscht der Deklaratioun vum Premierminister an ...

*(Brouhaha)*

... der Debatt hei an der Chamber. Ech wëll soen, dass ech absolutt Versteesdemech hu fir déi Demande, déi do kënn.

Ech wëll eng Kéier rappeléieren, dass ech och mäin Accord ginn hunn zu där Debatt e Freideg, ënner enger Konditioun: Nämlech, dass mir als Deputéiert zäitgläich, wéi en och der Ëffentlechkeet virgestallt gëtt, de Rapport géife kréien. An als Zweet hat ech nach gefuerdert, dass d'Deputéiert och d'Geleeënheet géife kréien, nach virun esou enger Debatt, déi se hei solle féieren, sech mat den Experte kënnen auszutauschen a vläicht nach Froen ze stellen, déi haut nach onbeäntwert bliwwen sinn. Ech mengen, dat ass wichteg, an den Här Kartheiser hat dat virdru gefrot.

Ech hat elo de President vun der Santéskommisioun um Telefon. Souwäit ech verstanen hunn, ass eng Reunioun zesumme mat der Kommisioun vun der Santé an der Justiz en Donneschdeg de Moie geplangt, wou dat dote soll stattfannen. Dat schéngt mir wichteg ze sinn, fir dass mer déi Debatt kënnen seriö preparéieren.

Fir dee ganze Rescht sinn ech der Meenung: Kommt, mir maachen elo net hei iergendwellech Proposen! Kommt, mir huelen eis Zäit an der Conférence des Présidents! Wéi kréie mer dat am beschten agebaut? A wat fir een Effekt huet dat och op all déi aner Diskussiounen, déi mer d'nächst Woch wäerten hunn? Well Dir wësst, dass mer eng chargéiert Woch hunn. Et ass Heemount, net nëmme fir d'Bauern, mee och fir vill aner Leit. An notamment och fir d'Politik ass Heemount. Et ass vill lass den Ament.

Dofir géif ech proposéieren, dass mer dat esou maa-chen, dass mer dat an der Conférence des Présidents diskutéieren. Ech hat et och esou verstanen, dass déi Propos vun e Freideg eebe just komm ass, well mer d'nächst Woch schonn en immens chargéierte Pro-gramm hunn, an dass eigentlech dorobber sollt Rück-sicht geholl ginn, fir dass dat net géif ënnergoen. Mee ech sinn iwwerzeegt, wann de Wëlle vun alle Säiten do ass, da fanne mer och e Wee.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Cruchten. No der Sitzung kënn d'Conférence des Présidents dann zesummen, nodeems dass mer d'Disponi-bilitéite vun deene concernéierte Ministeren ofgeruff hunn, fir dann ze kucken, wéi mer weiterfueren.

Haut de Mëtteg féiert d'Chamber eng Froestonn ...

(Brouhaha)

**Une voix** | D'Regierung freet och nach d'Wuert.

**M. Fernand Etgen, Président** | D'Madamm Paulette Lenert hat sech virdru gemellt an dunn awer erëm zrëckgezunn. Dofir hat ech dat iwwersinn, entschëllegt!

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Nee, ech hat just der Madamm Hansen de Virtrëtt gelooss. Voilà.

D'Regierung ass natierlech ...

(Brouhaha)

**Une voix** | Mikro!

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | De Mikro ass un.

(Brouhaha)

Ënne liicht en.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | De Mikro ass un.

D'Regierung ass natierlech absolutt favorabel zu där räsonabeler Haltung, déi hei vun alle Säiten aus-gedréckt gëtt, fir dat Theema do an der Déift ze be-liichten. An ech kann als Gesondheitsministesch natierlech och nëmmen déi Erkenntnis deelen, dass dat doten eng Fro ass, wou ee sech muss Zäit huelen an an d'Déift goen, déi net esou einfach mat Jo an Nee bannent 24 Stonnen ze beäntweren ass, wéi dat vläicht mol ugehall gi war.

Dofir si mir absolutt oppe fir déi Propos, déi kënn. Ech géif just gär kloerstellen, dass eise Rendez-vous an der Regierung den nächste Freideg ass, wou mer dat um Ordre du jour hunn. Mir hunn och Kenntnis geholl, wéi Dir alleguerten haut, vum Rapport. Mir wäerten dee liesen. Dat ass bei eis um Ordre du jour de Freideg de Moien. An da wäerte mer aviséieren, opgrond vun deene Changementer, déi kommen, ob déi Deklaratioun elo wäert e Freideg sinn oder dann eeben ufank nächster Woch. Do misst Der eis och d'Chance ginn, dass ënner eis dann ze beschwätzen. Dat ass elo en neie Moment.

Mee prinzipiell kann ech déi Haltung natierlech nëmme begreifen. Mir sollen deem Theema déi néi-deg Déift an déi néideg Zäit ginn. Dat ass dat, wat et meritéiert. A voilà, do brauch op jidde Fall kee mech ze iwwerzeegen. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Vizepremier a Gesondheitsministesch fir déi Infor-matiounen. D'Conférence des Présidents wäert dann no der Sitzung zesummekommen.

Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. An als éischt hu mer d'Fro Nummer 331 vun der Madamm Martine Hansen un den Här Minis-ter fir Educatioun, Kanner a Jugend iwwert d'Passerell vun enger GSO op den Educateursdiplom.

Mee den Här Wolter huet nach eng Fro.

**M. Michel Wolter (CSV)** | Jo, Här President, well ech awer der Meenung sinn, dass Dir den Ordre du jour vun en Dënschdeg bis Donneschdeg misst validéiere loosson duerch d'Chamber. Dat ass vläicht eng proze-dural Fro, mee mir hunn haut en Ordre du jour, muer en Ordre du jour an en Donneschdeg en Ordre du jour. Dat, wat mer elo diskutéiert hunn, ass den Ordre du jour vun e Freideg. Ech géif Iech also froen, fir den Ordre du jour vun en Dënschdeg bis en Donneschdeg validéieren ze loosson. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Den Här Wolter huet gefrot, dass ech soll froen, ob d'Chamber den Ordre du jour vun en Dënschdeg bis en Donneschdeg ap-prouvéiert. Deem kommen ech dann och no.

Ass d'Chamber mam Ordre du jour, esou wéi e propo-séiert ginn ass, vun en Dënschdeg bis en Donnesch-deg averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## 5. Heure de questions au Gouvernement

Dann ass et elo un der Madamm Hansen fir déi éischt Fro, d'Fro Nummer 331.

– **Question n° 331 du 5 juillet 2022 de Mme Martine Hansen relative à la « Passerelle 1 GSO vers le diplôme d'éducateur », adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Villmools merci, Här President. Den 18. Mee d'lescht Joer war de Sys-tem vun der Passerell vun der Première GSO, fir den Educateur kënnen an engem Joer nozemaachen, hei Sujet an der Froestonn. Dat ass also schonn e bësse méi wéi e Joer hier. Deemools huet den Här Minister gesot, et wär e Pilotprojet, fir eeben eng Passerell ze maachen, fir vun der Première GSO och kënnen Edu-cateur ze ginn an engem Joer. Et wär eng Klass an der ENAD fir d'Erwuessenebildung an eng Klass bei der Educateursschoul am LTPES.

An den Här Minister huet och gesot, ech zitéieren dat: „Mir maachen hei e Pilotprojet. Duerfir ass decidé-iert ginn, dass mer souwuel eng Klass elo ophuelen an der ENAD an och eng Klass am LTPES an dass mer no engem Joer och eng Evaluatioun maachen“, – ee Joer ass ëm –, „eng Evaluatioun souwuel eng Kéier vum SCRIPT, dee ganz staark involvéiert war an d'Pre-pariation an an d'Ausschaffe vun deem dote Joer, an eng Evaluatioun awer och extern, fir en neutraalt Bild kënnen ze kréie vu Leit a Fachleit, déi eeben net dee ganze Projet matgedroen hunn a matentwéckelt hunn.“

An deem Kontext wëll ech gären, ech mengen, véier Froe un den Här Minister stellen. Déi éischt Fro: Sinn des zwou Evaluatiounen gemaach ginn, dass heescht, eng intern vum SCRIPT an eng extern? Ech ginn elo mol einfach dovunner aus, well d'Inscriptiounen – ech hunn um Site vun deenen zwou Schoule gekuckt – lafe fläisseg virun. Dat heescht, de Projet leeft virun. Da ginn ech dovunner aus, dass eng Evaluatioun gemaach ginn ass.

Dann déi zweet Fro: Wat waren d'Konklusiounen vun dëser Evaluatioun? Déi drëtt Fro: Kann den Här Minis-ter eis déi zwou Evaluatiounen mat de Resultater an de Recommandatiounen zoukomme loosson?

An eng véiert Fro: Op wéi enger richteger Base légale ginn d'Schüler ugehall an des Formation bei den Inscriptiounen beim LTPES? Bei der ENAD gesinn ech dat net. Beim LTPES steet dëst Joer, et wär eng „ad-mission conditionnelle“. Da géif eis interesséieren:

Wat sinn d'konkreet Konditiounen, fir kënnen ugehall ze ginn?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Hansen. Den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Ju-gend, den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, effektiv, esou wéi d'lescht Joer op dëser Plaz ugekënnegt, huet dee Pilotprojet do stattfonnt mat zwou Klassen: eng am LTPES, wou 15 Schülerinnen a Schüler ageschriwwen waren iwwert dat ganz Joer. A 15 hunn der et och gepackt, kréien also hiren Educateursdiplom. An der ENAD, der École nationale pour adultes, do waren 20 Schülerinnen a Schüler ageschriwwen, 18 schléissen der dat Joer mat engem Succès of a kréien also och hiren Educateurs-diplom.

Dat heescht, dass 33 diploméiert Educatrices oder Educateurs méi dëst Joer wäerte mat engem Diplom aus de Schoulen erausgoen, wat nach eng Kéier be-weist, dass déi Grondiddi hei sécherlech derwäert ass analyséiert ze ginn, nämlech, ob mer déi Passerell do tèschent enger Première GSO an engem Educateurs-diplom kënnen esou bauen.

Fir d'nächst Joer, an d'Madamm Hansen huet et ge-sot, lafen effektiv d'Aschreiwungen. Mir hu bis elo am LTPES 38 Aschreiwungen, an der École nationale pour adultes hu mer der 23. Dat wëllt awer net hee-schen, dass déi alleguerten ugehall ginn. Do musse jo och nach d'Dossiere gekuckt ginn an do kann et sinn, dass déi Zuel herno insgesamt da méi niddreg wäert ausfalen.

Et gouf iwwert dass ganz Joer och e Steuergrupp, deen ënnert der Leedung vum SCRIPT gelaf ass a wou awer all déi involvéiert Parteien och mat derbäi waren. Deen ass am Laf vum Schouljoer véiermol zesumme-komm a wäert och nach eng fënnefte Kéier elo virun der grousser Vakanz zesummekommen.

Et ass, wat d'Evaluatioun ubelaangt, jo effektiv esou, dass mer eng Evaluatioun op dräi Niveauen hei viséie-ren: eng Kéier de Bléck vun deem Steuergrupp selwer, eng Kéier awer och de Bléck vu baussen. Do hu mer zwee ënnerschiedlech Experte fir déi zwou Schoulen erausgewielt, fir och do nach eng Kéier vläicht en ënnerschiedlechen Input kënnen ze kréien. Fir den LTPES ass dat d'Professor Dokter Veronika Verbeek vun der Hochschule Koblenz a fir d'ENAD ass et de Patrick Picard vum Institut français de l'éducation, déi dee ganze Projet begleet hunn an och e Rapport wäerte virleeden iwwert d'Manéier, wéi et geschitt ass, an awer och iwwer hir Recommandatiounen. Dat ass also dann dat zweet Element vun der Evaluatioun.

En drëtt Element, do gi mer d'Wuert de Studentin-nen a Studente selwer, déi déi Passerell do gemaach hunn. Do sinn Émfroe gemaach ginn, déi an der Auswärtung sinn a wou mer dann och herno kënnen Konklusiounen draus zéien.

Dat alles läit awer elo, well d'Schouljoer ass nach net eriwuer, nach net vir. Ech mengen, eng Evaluatioun geet iwwer e ganz Schouljoer an et muss een awer och ofwaarden, bis dat eriwuer ass. Déi Evaluatiou-nen, do wäerten allen dräi Elementer um Enn vum Joer virleien an da wäerte mer selbstverständlech och der Chamber hei matdeelen, wat dobäi erauskomm ass, an och, wat d'Intentioun vun der Regierung ass, ob mer dee Pilotprojet an där doter Form dann iwwert d'Schouljoer 2022/2023 eraus nach ubidden, ob mer e gegebenefalls aneschtens wäerten ubidde res-pektiv ob mer e wäerten astellen.



Vläicht nach eng Informatioun, déi och net onwichtig ass, well dat e bëssen d'Diskussioun rejoinéiert, déi hei gefouert goufen am leschte Joer: D'Programmkommissioun vun der GSO-Sektioun kuckt och, fir virun allem am Fach Pedagogik d'Contenuen esou unzepassen, fir datt déi Passerell hei nach e Stéckwäit méi einfach ka gebaut ginn an d'Programmer an d'Contenuë méi einfach openeen kënnen ugepasst ginn an do aneneen kënnen gräifen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Educatiounsminister Claude Meisch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 332 vum Här Claude Lamberty un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet iwwert de Service „Départ en vacances“ vun der Police grand-ducale. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 332 du 5 juillet 2022 de M. Claude Lamberty relative au service de prévention « Départ en vacances » de la Police grand-ducale, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure**

**M. Claude Lamberty (DP)** | Merci, Här President. De Service huet vläicht e flotten Numm, „Départ en vacances“, mee et ass net, well d'Police an d'Vakanz geet, mee et ass, well mer effektiv haut zéng Deeg virun dem Ufank vun der grousser Vakanz sinn. An ech mengen, et ass eng grouss Vakanz, den Ufank vun enger grousser Vakanz, déi vläicht och erëm e bëssen anescht ass wéi déi lescht zwee Joer, wou et pandemiebedéngt awer esou war, dass ganz vill Leit méi am Land waren. Dat huet och derzou gefouert, dass op där anerer Säit manner Abréich waren, wat jo an der Policestatistik dann duerchaus positiv ass. Mee dat riskéiert natierlech, dëst Joer mam Vakanzufank erëm anescht ze sinn, well mer wëssen, dass mam Ufank vun der Vakanz och d'Gefor, dass agebrach gëtt, grouss ass an dass besonnesch – dat geet aus Statistike jo eraus – am stättesche Raum, freides a samschdes am fréien Owend, méi agebrach gëtt.

An dofir d'Fro, déi ech mer gestallt hunn – vu dass d'Preventioun, proaktiv derfir suergen, dass net agebrach gëtt, och Presenz weisen, d'Abrochsverhënnung, dass dat eng vun de Prioritéiten ass vun der Police grand-ducale, dass dat an de Prepandemiesjoren de Fall war an dass dat sécherlech och elo de Fall war, dass et also ganz wichtig ass –, d'Fro un de Minister ass:

Ass dëst Joer geplangt, dass een och nees kann drop zréckgräifen an dann dermat ka rechnen, dass d'Policepresenz, besonnesch iwwert de Weekend, erhéicht wäert ginn? Gëtt et eng Méiglechkeet fir d'Leit, fir d'Awunner, fir och dervun ze profitéieren, wéi dat an de Prepandemiesjore war, dass een dann zum Beispill ka mellen, dass een an d'Vakanz geet? Oder och eng Méiglechkeet, dass a Géigende vläicht ganz besonnesch opgepasst gëtt, wou d'Statistiken och e bësse méi héich sinn? Gëtt et also speziell Dispositiounen?

Da wësse mer och, notament aus deene leschten Deeg a Wochen, wou d'Temperaturen esou gutt waren, dass erëm nei Aufgaben op d'Police zoukommen. Ech soen einfach nëmmen d'Stéchwuert Stau, wou ganz vill „Stau um Stau“ war, wou mer och méi Sécherheetsagenten eigentlech gebraucht hunn, fir dat ze léisen. Dat heescht, mir wëssen, dass eis Police immens gefuerdert ass. Sinn trotzdem genuch Beamten do, fir och déi wichtig Preventiounsaufgaben do ze iwwerhuelen?

A vläicht zum Schluss: Gëtt et och vusäite vun der Police eng Mediecampagne, fir dorop opmierksam ze maachen, no, wéi gesot, zwee Joer laang éischter Vakanz heiheem a well elo awer vill Leit erëm wäerten

ënnerwee sinn, fir dass een net eng schlecht Iwwerratschung kritt, wann een erëm heemkënn, an d'Vakanz an deem Sënn fir d'Kaz war?

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Lamberty. Den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, den Här Henri Kox, huet d'Wuert.

**M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure** | Merci, Här President. Merci och fir d'Fro. Jo, wéi all Joer gëtt eng Kommunikatioun gemaach iwwert den Départ en vacances. Iwwregens ass dat an der Vergaangenheet des Éftere gemaach ginn, och viru kleng Vakanz, well d'Statistik weist, dass et jo net nëmmen an der grousser Vakanz de Fall ass.

Jo, d'Police gëtt a ganz ville Beräicher ëmmer erëm gefuerdert. Ech hunn elo just grad mat mengem Noper Turmes nach geschwat bezüglech dem Stauséi. Ech denken, dass d'Police ganz aktiv dëse Weekend war an dass dat och an déi richteg Bunne geleet ginn ass. Awer och, well et eng Responsabilité partagée ass, dat heescht, mir hu mat de Gemengen an och mat de Servicer ganz enk zesumme geschafft. An hoffentlech ass déi Léisung, déi elo fonnt ginn ass, och zur Satisfaktioun vun deene Leit.

Ech kommen dann zréck op déi eigentlech Fro. Jo, éischters fënnt ee ganz vill Informatiounen an där Kommunikatioun, déi mer nach wäerte maachen; oder d'Police, besser gesot. Do wäert nach eng Kéier op de Site verweise ginn. Do ginn och déi extra Servicer nach eng Kéier ugeschwat. Et kann een nämlech d'Police informéieren iwwert den e-Commissariat oder aner Moyenen, dass een an d'Vakanz fiert. An iwwert dee Service hu sech och reegelméisseg, an ech hunn déi Zuele kritt, déi lescht Joren zwëschen 100 an 200 Leit och gemellt fir ze soen: „Ech sinn da fort.“ An déi Patrullen, déi souwiesou stänneg ënnerwee sinn, déi hunn dat an hirer Guideline, fir dann duerch déi Strooss oder duerch dee Beräich ze fueren, soudass dann awer eng Opmierksamkeet duerch déi Presenz gemaach gëtt.

Wichtig ass an där Informatioun, an dat hunn ech och matgedeelt kritt, dass déi Leit, déi dann an d'Vakanz ginn, och eng Persoun uginn, oder Leit, déi dann informéiert kënnen ginn, wann eppes Opfälliges ass oder eppes, jo, eppes sech do doet. Dir wësst jo, dass d'Police net einfach esou kann an en Domaine privé eragoen, mee wann eng Persoun do ass, déi se ka kontaktéieren, dann ass dat an engem gemaach. An dee Service, dee gëllt a sech am Dag wéi an der Nuecht an ass natierlech och gratis.

Et soll een awer och op den Internetsite selwer kucke goen. Dat ass de Service nationale de prévention de la criminalité. Mir maache jo mat Servicer Opklärung, et ass och e Won – oder wéi soll een dat nennen? –, dee reegelméisseg op de Mäert ronderëm ass, deen een och kann ufroen als Gemeengevertrieeder, wou een op engem normale Wochemaart kann dohinergoen, wou engem dann déi allgemeng Preventiounsmechanisme gesot ginn. Ech hu geschter nach eng Kéier erkläert kritt, dass eng Kippfenster eppes ganz Schlëmmes ass. Et soll ee se wierklech ni op Kipp maachen, besonnesch net um Rez-de-chaussée, well déi si ganz einfach opzemaachen. A wann een da muss léften, soll een eng Stoussléftung maachen an duerno d'Fenster erëm ganz kloer zoumaachen. Dofir, dat sinn esou Tricken, déi een awer an deem Beräich dann och gezielt kritt.

Ech hunn och nach séier a mengem Handy gekuckt. Et gëtt nämlech och eng ganz flott App, déi nennt sech einfach Police-App, mat dem Logo drop. Do kann een eng ganz Rei Informatiounen respektiv Infraktiounen, déi een huet, och direkt online weiderginn, an d'Reaktivitéit ass relativ schnell.

Dofir mengen ech, dass et éischters wichtig ass, driwwer ze schwätzen. Zweetens wäert virum Départ nach eng Kéier d'Kommunikatioun gemaach ginn. A wann d'Medien dat ophuelen, gëtt déi Informatioun diffuséiert. Wéi gesot, Dir kënnt all Moment iwwer e-Commissariat oder esou Kontakt mat der Police ophuelen, wann Der an d'Vakanz gitt.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 333 vum Här Carlo Weber un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten iwwert d'Raimlechkeete vun der Administration des ponts et chaussées zu Clärref. Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 333 du 4 juillet 2022 de M. Carlo Weber relative aux locaux de l'Administration des ponts et chaussées à Clervaux, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**M. Carlo Weber (LSAP)** | Jo, Här President, Kollegeninnen a Kollegen, wa mer landeswäit kucken, begéine mer Gebaier vun de Ponts et chaussées, déi optesch an energeetesche zum Deel an engem desolaten Zoustand sinn.

Ech schwätzen elo hei vun engem Gebai aus dem Kanton Clief. Wann een aus der Gemeng Wëntger Richtung Lenzweiler op Clief eroffiert, steet direkt hannert der Uertstafel „Clief“ riets e vereelt Gebai vun de Ponts et chaussées. An deem Gebai sinn d'Büroer vu Cantonieren an Openthaltsraim fir d'Aarbechter, eng zirka 30 Persounen, déi all Dag hei schaffen, plus en Atelier mécanique, e Lagerraum fir Schëlter a bausse ronderëm d'Gebai Stockage fir Baumaterial a Salz fir de Wanterdénsgsch. D'Gebai ass an engem ganz schlechten Zoustand, bannen a baussen, zum Deel och nach Einzelverglasung, a puncto Energie katastrophal.

Virun zwee Joer goufen och nach Containeren virdru gesat, well d'Gebai ze kleng war an d'Hygiënemoossname fir d'Personal doduerch verbessert sollte ginn. D'Camionen an d'Wanterdénsgschmaterial sti permanent dobaussen, well an der Hal keng Plaz ass. Esou e vereelt Gebai mat Container am Agang vu Clief, dat Bild passt eigentlech net zu Clief, mat all senger schéine Seeënswürdegkeeten.

Dofir meng Froen un den Här Minister Bausch: Wat sinn heizou déi lescht Iwwerleeungen? Gëtt et konkreet nei Pläng? Gëtt op engem anere Site am Kanton Clief gebaut? Oder bleift d'Situatioun zu Clief elo esou, wéi se ass, an et gëtt do dee Site ausgebaut?

Dann eng erwidert Fro: Kënnen mer eventuell vun enger Grondsteeleeung ewell schwätzen? Wéi ass do eng Zäitschinn geplangt?

Merci fir Är Äntwert.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Weber. Den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** | Merci, Här President. Ech kann dat vun hei aus maachen, well ech kann dat kuerz maachen. Dat ass schonn zënter Joren eng Diskussioun fir ze kucken, d'Ponts et chaussées entweder enzwousch anescht hincasetze respektiv do auszubauen. An do sinn et och scho vill Pläng ginn, net nëmme vu mir, mee och scho vu Virgänger. An et ass esou, datt déi Pläng ëmmer gescheitert sinn, entweder un de PAGen, um PAG op alle Fall vun der Gemeng Clief, mee et sinn och schonn aner Sitte gekuckt ginn oder aner Méiglechkeeten, well et dann net gaangen ass fir auszubauen oder esou. Esou war et elo hei. Et war

elo erëm e Plang gi fir ze kucken, fir op der Plaz ze moderniséieren an auszebauen, mee och dat geet elo net. Dofir sinn och aner Sitte gekuckt ginn.

Mee bon, et war en anere Site och scho fonnt ginn, dee leider erëm an der Gréngzon läit, a sou weider an esou fort. Ech mengen, den Haaptproblem ass, den Terrain ze fannen, fir eppes Neits ze bauen, well mir kënne jo d'Ponts et chaussées net iergendwou an d'Pampa leeën, mir musse se jo dohi leeën, wou se dann och e séieren Accès hunn zum Stroossereseau an esou weider. Dat heescht, et muss awer schonn am urbane Beräich sinn, an duerfir ass dat net esou einfach.

Mee et gött ëmmer nach gekuckt. An natierlech ass et d'Zilsetzung, fir eppes Neits ze bauen, wou mer de Standards, déi haut ubruecht sinn, och alleguerne Rechnung droen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bausch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 334 vum Här Fred Keup un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend iwwert den Homeschooling. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 334 du 5 juillet 2022 de M. Fred Keup relative à l'enseignement à domicile, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**M. Fred Keup (ADR)** | Merci, Här President. Här Minister, et geet em de sougenannten „enseignement à domicile“, „Heimschule“ oder „Heimunterricht“ op Däitsch, wou et hei am Land ongeféier, souwäit mir informéiert sinn, zwëschen 100 an 200 Kanner gött, déi also net an d'Schoul ginn, mee wou d'Elteren de Choix getraff hunn, dass se d'Kanner selwer doheem ënnerriichten, an dat dann och kontrolléiert gött.

De Problem ass awer deen, dass dat gesetzlech bis dato elo net ganz kloer gereegelt ass. An do ass virun enger Partie Joren, ech mengen, et ass awer elo scho sechs, siwe Joer hier, emol am Ministère – dat weess ech, et ass driwwer geschwat ginn – geschafft ginn un engem Projet de loi, fir dat méi kloer ze reegelen, deen Enseignement à domicile.

Meng Fro ass am Fong elo: Wou si mer do drun? Gött dru geduecht, fir dee Projet nach deemnächst eng Kéier hei ze deposéieren? A wa jo, kann d'Regierung eventuell och schonns gewëssen Eckpunkte vum deem Projet hei elo matdeelen?

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Keup. Den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och merci dem Deputéierte Fred Keup fir déi Fro hei. Et ass effektiv e Sujet, deen et derwäert ass ze diskutéieren, wéi mer virun allem den Homeschooling begleeten oder den Enseignement à domicile. Mir hunn déi Méiglechkeet an eisem Gesetz. An ech sinn och der Meinung, dass mer e méi staark missten encadréieren a virun allem kucken, ob e wierkelech ëmmer am Sënn vum Kand oder vun de Kanner dann och ëmgemat gött.

Duerfir, wéi an anere Länner och, schaffe mer souwuel un engem Gesetz iwwert den Enseignement privé oder d'École privée wéi och um Enseignement-à-domiciles-Gesetz. Well dat hei eng komplex Matière ass, brauch dat awer och Zäit. An ech denken, Dir wësst och, dass mer déi lescht zwee Joer mat aneren, net bestallten Aktivitéiten Zäit verluer hunn.

Mir plangen ënner anerem och dorunner, en neie Service am Ministère ze schafen, dee sech da souwuel de Privatschoule wéi och dem Enseignement à domicile géif widmen, fir do méi e geneeë Suivi kënne ze maache vun deenen Aktivitéiten.

Mir mengen, dass awer och d'Reegelen, ënnert deenen den Enseignement à domicile soll kënne oflafen, mussen iwwerduecht ginn. Virun allem, wat déi sozial Integratioun vun de Kanner, déi am Enseignement à domicile sinn, betrëfft, sollte mer eis d'Fro stellen, ob et net besser wär, dass eng Rei vun Aktivitéiten, och vu schouleschen Aktivitéiten, zum Beispill een, zwee Schoulfächer, déi mussen assuréiert ginn, net awer missten zesumme mat anere Kanner assuréiert ginn, fir d'Isolatioun ze evitéieren an och d'Entwécklung vu soziale Kompetenzen zu engem Minimum awer ze favoriséieren.

Mir denke virun allem awer och drun, dass mer dann iwwer esou e Service, deen zoustänneg wär fir d'Privatschoulen an den Enseignement à domicile, méi eng staark Inspektioun kënne assureiere vun deene Schülerinnen a Schüler, déi dann doheem wäerte léieren, souwuel, wat iwwerhaupt emol d'Autorisatioun ubelaangt am Virfeld, éier en ufänkt, wéi awer och duerno d'Kontroll, ob dat, wat eigentlech an Aussicht gestallt ginn ass, an dat, wat eisen Usproch ass, wat d'Qualitéit vun deem Enseignement doheem ubelaangt, dann och wierkelech assuréiert gött.

Mir hunn haut zwou Méiglechkeeten, ënnert deenen een eigentlech kann en Enseignement à domicile ofhalen. Eng Kéier ass et, dass ee sech un eise Plan d'études hält an dann och garantéiert, dass all déi Fächer assuréiert ginn, respektiv eng aner Kéier ass et, dass et en auslännesche Programm ass, deen ee fir eng Zäit dann do wëllt applizéieren.

Mir denken, dass een et och vläicht kéint opmaache fir eng Rei vun alternative Pedagogiken, déi och kéinten ënnert där doter Form dann assuréiert ginn, mee dat awer sécherlech dann nach eng Kéier mat engem aneren Encadrement respektiv engem Contrôle an der Inspektioun vun eiser Säit. Woubäi do wierkelech d'Haaptmissioun vun der Inspektioun wär fir sécherzestellen, dass den Enseignement à domicile zu all Moment och wierkelech am Interêt supérieur vum Kand kann assuréiert ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Educatiounsminister Claude Meisch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 335 vum der Madamm Josée Lorsché an zur Fro Nummer 336 vum Här André Bauler un d'Madamm Gesondheetsministesch iwwert d'Recommandatiounen vum Konkurrenzrot am Secteur vun de Lëtzebuurger Apdikten. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 335 du 5 juillet 2022 de Mme Josée Lorsché relative aux recommandations du Conseil de la concurrence concernant le secteur pharmaceutique, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

– **Question n° 336 du 5 juillet 2022 de M. André Bauler relative aux recommandations formulées par le Conseil de la concurrence suite à l'enquête sectorielle dans le secteur pharmaceutique, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Madamm Minister, Dir wësst, dass de Conseil de la concurrence am Joer 2019 eng Enquête lancéiert hat, fir de Secteur vun de Lëtzebuurger Apdikte méi genee ze analyséieren. Mëttlerweil sinn d'Konklusiounen an engem Rapport zesummegefaasst ginn. Si sinn och de Moien an de Medien en Thema gewiescht.

Laut deem Rapport geet de Conseil de la concurrence dervun aus, dass de Secteur staark reglementéiert, fir net ze soen iwwerreguléiert ass; wat de Moien dann och gesot ginn ass. Dowéinst ass de Conseil der Meinung, dass géint déi Reglementatioun oder Iwwerreglementatioun soll eppes ënnerholl ginn.

Konkreet recommandéiert de Conseil de la concurrence dofir eng ganz Rei Moosnamen, esou zum Beispill d'Ofschafe vum aktuelle Regimm, deen eng fix Zuel vun den Apdikten am Land virgesäit, an domat verbonnen dann och d'Opmaache vum Secteur fir de fräie Marché. E recommandéiert d'Opmaache vum Monopol vum Verkauf vun net verschreiwungsflichtige Medikamenter op verschidde Geschäfte, esou wéi et och am Ausland schonn üblech ass. E recommandéiert, d'Onlinevente vu Medikamenter duerch eng Reform vun de Gesetzter ze erlichteren. Ech mengen, mir haten eng Kéier e Gesetz, wat d'Onlinevente gereegelt huet. E recommandéiert d'Sträche vun de plafonéierte Präisser vu Medikamenter am fräie Verkauf an d'Promotioun vum Verkauf vum Generique. A generell schwätzt e sech dann och fir d'Erweiterung vun de Missiounen vun den Apdikter aus.

Meng Fro un Iech, Madamm Minister, ass folgend: Wéi stitt Dir zu dese Recommendatiounen, wëssend dass besonnesch déi éischt Recommendatioun, nottamment d'Ofschafe vum Regimm mat ënner anerem enger Fixzuel vun Apdikten an d'Opmaache fir de Privatmarché géif bedeuten, dass en essenzielle Pilier vum effentleche Gesondheetssektor fir d'Privatiséierung géif opgemaach ginn, an och wëssend, dass dat Ganz dann zu enger gewëssener Profitlogik géif féieren, déi sech da kéint an deem Secteur breetmaachen.

Anescht ausgedréckt: Sidd Dir net och der Meinung, dass de Secteur vun den Apdikten e wichtege Deel vum effentleche Gesondheetswiesen ass a bleiwe muss an dass dowéinst nun emol kloer Reegele musse bestoen, fir dass déi kommerziell Logik sech do net wäert duerchsetzen?

Merci fir Är Äntwert.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Lorsché. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler (DP)** | Voilà. Här President, ech kann et ganz kuerz maachen. Dës Fro weist jiddefalls, dass d'Madamm Lorsché a meng Weinegkeet etlechmol net nëmme déi selwecht Gefiller deelen, mee och déi selwecht Gedanken.

**Plusieurs voix** | O!

**M. André Bauler (DP)** | An dësem Fall hate mer eeben déi selwecht Gedanken, ...

(Brouhaha)

... wéi mer den Avis vum Conseil de la concurrence gelies hunn. An ech hu mer och déi selwecht Froe gestallt, ...

(Brouhaha)

... oder änlech Froen: wéi eeben d'Madamm Ministesch sech positionéiert par rapport zu dësem Avis vun dem Conseil de la concurrence, dem Konkurrenzrot.

Ech wollt d'Madamm Ministesch awer och froen, ob si eventuell der Meinung ass, dass sech an dësem Kontext fir d'Patienten eng Rei Sécherheitsfroen stellen, wann eeben de Verkauf vu Medikamenter liberaliséiert géif ginn, virun allem eeben duerch de scho vun der Madamm Lorsché ugeschwaten ...

(Interruption)

... Onlinehandel. Madamm Lorsché, voilà! Dat ass deen een Aspekt.



An da wollt ech och froen, ob d'Madamm Ministesch eventuell bereet wier, fir iwwer eng Opwärtung vum Beruff vum Apdikter nozedenken, zemoos well den Apdikter hir berodend Funktioun an der Pandemie zugeholl huet an och warscheinlech duerno net wäert manner intensiv ginn.

Dat gesot, merci fir Är Äntwert.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Bauler. D'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President, a merci och fir dës duebel Fro – ganz kuerzfristeg. Effektiv huet de Konkurrenzrot no laange Méint sech hei ausgelooos zu engem Theema mat enger Rei vu Recommendatiounen, déi enger-säits géifen e Paradigmewissel hei zu Lëtzebuerg mat sech bréngen an natierlech och anerersäits ganz vill grondsätzlech Froen opwerfen. Dir hutt et ugeschwat: d'Sécherheet, an och aner Aspekter.

Ech si sécher gewëllt, iwwer alles nozedenken. Allerdéngs musst Der mer erlaben, dass meng Gefiller elo nach net esou héichgefuer si wéi Är zu dësem Theema.

(Hilarité)

Et ass en Avis, deen et a sech huet. Et si vill Säiten. An hei, genau wéi bei aneren Theemen, sinn ech der Meenung, dass dat e gewëssene Recul fuerdert, fir dat ze analyséieren – déi ganz Analysen, déi gemaach gi sinn –, a virun allem och Concertatiounen fuerdert.

Mir hu wëllen, deen Avis elo emol intern ze analyséieren, opzeschlësselen no deenen eenzelne Froen, déi do mussen weider belicht ginn, an dann och déi néideg Echangingen dozou ze organiséieren mat de Partiprenanteën. Dat ass natierlech de Syndikat vum den Apdikter, dat ass de Collège médical, dat ass och d'Associatioun vum de Pharmaciens sans officine, et sinn eis aner Partnerministèren, d'Sécurité sociale, eng Gesondheitskeess och, déi een hei muss mat u Bord huelen, an och d'Grosisten an de Medikamenter an esou weider.

An ech géif proposéieren, fir dat Theema hei – wat eng Wichtigkeet huet, ech mengen, hei si wierklech ganz déif Reflexiounen gefouert ginn – eng Kéier an der Chamberskommissioun ze bearbechten; wann dat de Wonsch wär. Ech géif et interessanter fannen, eng Kéier deen doten Avis wierklech op den Ordre du jour ze huelen an dann en déiwen Austausch oder e bësse méi en déiwen Austausch doriwwer ze hunn.

Eng Jointe kann ee gären och maachen an deem Sënn. Ech mengen, do sidd Dir Meeschter, wéi Der dat wëllt gesinn. Ech sinn do op alle Fall oppen dofir. Mee haut wäert ech mech dozou nach net prononcéieren. Dofir ass déi Fro vill ze vill komplex a villschichteg. An dat wäerte mer nach e wéineg verdéiwen, éier mer do Positioun derzou huelen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Gesondheitsministesch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 337 vum Här Paul Galles un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung iwwert d'Konsequenze vum Klimapak „Fit for 55“ op den Nationalen Energie- a Klimaplang. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 337 du 5 juillet 2022 de M. Paul Galles relative aux conséquences du plan climat « Fit for 55 » de la Commission européenne sur le Plan national intégré en matière d'énergie et de climat, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

**M. Paul Galles (CSV)** | Merci villmools, Här President. Europa huet en neie Pak u Klimagesetzer. Wann ech dat elo prozedural richteg aschätzen, dann hunn d'Ëmweltministeren elo do e Konsensus fonnt. Elo muss just nach, mengen ech, mam Europaparlament diskutéiert ginn an do e Kompromëss fonnt ginn, well do méi Retizienz bestanen huet. Ech fannen et awer gutt, dass do elo e Konsens um Niveau vun den Ëmweltministere fonnt gouf.

Déi Fro, déi ech mer natierlech gestallt hunn, ass: Wéi gesäit dee Konsens a senger Konsequenzen aus fir eisen nationale PNEC? Besonnesch géif ech follgend Punkte wëllen nennen, an ech huele se einfach emol eraus, well et sinn awer Punkten, déi elo interessant sinn an deem, wat elo op eis duerkënnt. Et si fënnel Punkten:

Den éischte Punkt ass deen, dass elo och d'Secteur vum Gebaier a vum Verkéier mat sektoriellen Ziler solle beluecht ginn. Wat heescht dat fir eise PNEC, fir eis sektoriell Ziler hei zu Lëtzebuerg?

Dat Zweet ass: Et gëtt e Klima-Sozialfong geschafen. Dee gëtt 59 Milliarde schwéier. Esou solle besonnesch déi räich Staaten deene méi aarme Staaten hëllefen. Déi Fro, déi ech mer do stellen, ass och: Wat heescht dat fir Lëtzebuerg? A wat fir enger Positioun si mir do? Wat solle mir do bäidroen?

Déi drëtt Fro ass: Et ginn nei Reegelen fir d'klimafrëndlech Notzung vum Land, vum Humus, vum Buedem. Wat bedeit dat fir Lëtzebuerg? Ass schonn iergendwéi ofzegesinn, wat dat fir Konsequenze fir eis huet?

Dat Véiert ass, dass d'Ausbauzil fir d'erneierbar Energie bis 2030 vun 32 % bis op 40 % eropgeet, wat och absolutt begrëssenswäert ass. Déi Fro, déi sech do natierlech stellt elo fir de PNEC: Mussen elo eis Ziler fir erneierbar Energien deementspreechend ugepasst ginn?

An déi fënneft Fro, déi ech elo nach erausfonnt hunn aus deene Saachen, déi ech gelies hunn, ass: Mir hunn elo e verbindlecht Energieeffizienzziel op europäeschem Niveau, dofir och déi Fro, ob deementspreechend Adaptatiounen mussen an eise PNEC kommen.

Voilà. Merci villmools.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Galles. D'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Joëlle Welfring, huet d'Wuert.

**Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable** | Här President, Dir Dammen an Härn Deputéiert, den 29. Juni, also de leschten Dënschdeg, an de fréie Mueresstonnen huet den Ëmweltconseil ënner franséischer Présidence – déi e grouss Luef verdéngt, well se sech vill Méi ginn huet, do 27 Stëmme mateneen ze vereenen – eng sougenannt Orientation générale op fënnel legislative Klimadossieren arrêteiert. Op Basis vun dëser Orientatioun, wéi elo richteg gesot gouf, wäerten ënner tschechescher Présidence d'Negociatiounen mam Europäesche Parlament kënnen gefouert ginn. An de Wonsch ass, dass dat wierklech relativ séier wäert finaliséiert ginn.

Also nach eng Kéier, pour mémoire: Dat ass d'Ëmsetzung vum „Fit for 55“-Package, deen de 14. Juli d'lescht Joer vun der Kommissioun virgeluecht gouf. Et geet hei drëm, am Fong d'Dispositiounen vum Europäeschen Klimagesetz a Musek ëmzesetzen. An de „Fit for 55“-Package huet am Ganze fënnel Gesetzgebungsvirschléi, wéi elo schonn uegelooss, an, an déi sinn zum Deel dozou do, besteeënd Initiativen ze verstärken, fir méi séier op déi Ziler ze kommen, déi mer mussen erreeche laut dem Europäesche Klimagesetz. An et sinn awer och eng Rei nei Initiativen.

Zu deene Saachen, déi verstärkt ginn, gehéiert den Emissiounshandelssystem. Do geet et drëms, mat deem Pak, dee mer elo arrêteiert hunn, den Ambitiounsniveau eropzesetzen, den Transport maritime anzebezielen, an et geet ëm e progressivt Zréckfuere vun der gratis Allocatioun vu Quoten am Industrieberäich an ëm d'Aféierung vun dem Grenzausgleichsmechanismus ab 2026, dat ass dee berühmte CBAM (ndlr: Carbon Border Adjustment Mechanism).

Da kënn nach derbäi, dass d'Maartstabilitéitsreserv ugepasst ginn ass. Dat ass am Fong dee Mechanismus, deen derfir suerge soll, dass d'Quoten zu enger gudder Unzuel um Maart sinn, net ze vill, net ze wéineg, fir dass de Präis herno stëmmt.

An dann, wéi och richteg gesot ginn ass, gëtt en neien Emissiounshandelssystem agefouert fir de Beräich Gebaier a Stroossen. A fir déi verdeelungspolitesch Auswierkungen dovun ofzufiedere, gëtt och e Klima-Sozialfong agefouert. A genau doriwwer ass ewell quasi d'Majoritéit vun den Diskussiounen de leschten Dënschdeg gefouert ginn zwëscht deene verschiddene Memberstaaten.

Zousätzlech gëtt och den „Effort-Sharing“-Gesetzgebungspak verstärkt. Et ass och do, wou sech dat op eise PNEC repercutéiere kéint, ënner anerem an dem Sektor Landnotzung a Landnotzungännerung a Forstwirtschaft. Do geet et am Fong drëm, och d'Ziler ze erhéien, fir dass mer progressiv méi Senken hei zu Lëtzebuerg hikiréien, fir eeben déi ganz Emissiounen och ze absorbéieren.

An dann eppes, wat och ganz vill an der Press war, war natierlech de Pak iwwert d'CO<sub>2</sub>-Standarde fir Autoen a Camionnetten, fir deen ze verstärken, wouduerch dann, wann dat elo esou bleift, 2035 thermesch Verbrennungsmotoren net méi op de Maart kommen als nei Autoen a Camionnetten. Voilà.

Zousätzlech dozou gëtt et natierlech am „Fit for 55“-Package och am Beräich erneierbar Energien an Energieeffizienz zwou nei Direktiven, déi de Moment iwwerschaft ginn. Dat sinn d'Erneierbar-Energien-Direktiv, d'Energieeffizienz-Direktiv: Infrastruktur fir alternativ Kraaftstoffer, Energiebesteuerung an nohalteg Kraaftstoffer och fir de Fluchverkéier. An do gëtt et der nach eng ganz Rei, déi am Energieberäich och nach ausgeschafft ginn am Moment.

Wat elo d'Konsequenze vun deem ganze Pak fir eise PNEC ugeet, also den Nationalen Energie- a Klimaplang, sou kann een am Klimaberäich soen, dass am Moment iwwert d'Effort Sharing Regulation, déi jo elo schonn en place ass, eis prozentual Reduktioun iwwert déi nei Dispositiounen vu minus 40 op minus 50 erofgesat ginn ass fir eist Land. An do si mer jo awer eigentlech mat eisem aktuelle Gesetz wéi och mat eisem Plang scho säit zwee Joer op méi ambitiöse Weeër. Do si mer op enger Trajectoire vu minus 55 elo schonn, dat heescht, do si mer méi ambitiéis. Dat heescht, dat hei huet elo net direkt en Impakt, wat dat doten ugeet.

Et ass natierlech esou, dass mer eis Ziler, wat d'erneierbar Energien an d'Energieeffizienz ugeet, schonn nach mussen upassen, an och souwiesou, laut der aktueller Reglementatioun ass et d'Ambitioun an d'Obligatioun, eisen Nationalen Energie- a Klimaplang unzepassen.

An déi Saachen, déi ginn och elo kuerzfristeg ëmgesat, zesumme mat deenen néidegen Instanzen, déi mer och elo scho kontaktéieren, wéi zum Beispill d'Klimaplattform an den Observatoire de la politique climatique, wou mer an deenen nächste Wochen a Méint ufänken, drun ze schaffen. Voilà.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 338 vum Här Gusty Graas un d'Madamm Gesondheetsministesches iwwert déi nei Betreiwung vun den Neigebuerenen an der Ettelbrécker Maternité. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 338 du 5 juillet 2022 de M. Gusty Graas relative au nouveau concept de prise en charge néonatale à la maternité du Centre Hospitalier du Nord (CHdN) à Ettelbruck, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

**M. Gusty Graas (DP)** | Merci, Här President. D'Ettelbrécker Maternité war an deene leschte Méint vill an der Diskussioun. Leider war jo ee Moment gefaart ginn, datt se och géif ganz zougemaach ginn. Et ware jo eng Rei parlamentaresch Interventiounen gemaach ginn, ënner anerem vum mengem Frënd André Bauler. A glécklecherweis ass awer elo net de Moment komm, datt d'Maternité definitiv géif zougemaach ginn.

Do sinn eng Rei Diskussiounen du gelaf fir ze kucken: Wéi kann d'Maternité aus dem Saint Louis vun Ettelbréck weider fonctionéieren? Ech mengen, et muss ee virun allem natierlech un d'Leit aus dem Norden denken, wann d'Dammen net méi déi Méiglechkeet gehat hätten, fir do ze accouchéieren. An dowéinst sinn elo, wéi gesot, eng ganz Rei Iddien op den Dësch komm an och nei Konzepter ausgeschafft ginn.

Ech mengen, d'Iddi war jo am Fong geholl, well sech do jo e Manko u Pédiateur bemierkbar gemaach huet, fir ze kucken: Wéi kënnen mer vläicht iwwert de Wee vu Synergien awer déi Maternité trotzdem um Liewen halen?

Do ass dunn en neit Konzept entworf ginn, mat enger Rei vu Mesuren ënner anerem vun der Formatioun, enger verstärkter Formatioun fir d'Personal aus der Reanimatioun vun den Neigebuerenen, da mat enger Tele-Expertise vum Service de néonatalogie vum CHL an och dem Transport op d'Intensivstatioun eebe vun deem CHL am Fall, wou géifen Noutfäll anrieden.

Elo si mer e gudd Mount méi spéit a vu datt dat awer eng ganz wichteg Infrastruktur ass – an ech betounen dat nach eng Kéier – hei fir d'Bierger aus dem Norde vum Land, wollt ech d'Madamm Ministesch zu deem Zäitpunkt emol froen, inwieweit datt dat neit Konzept sech vläicht och scho positiv um Terrain bemierkbar gemaach huet.

Ech hätt dozou eng Rei Froen ze stellen. Ënner anerem ass déi éischt, wéi vill Mataarbechter sech elo schonn där Formatioun do gestallt hunn. Zweetens, wéi oft ass déi Tele-Expertise vum Service de néonatalogie vum CHL genotzt ginn? Gëtt et do och e Feedback? Huet een do d'Informatiounen iwwert den Oflaf vun dem Fonctionnement? Dann och: Wéi oft huet missen en Transport organiséiert ginn, well eebe vläicht Noutfäll agetruede sinn, fir eeben dann deen Transport an den CHL ze maachen?

An da vläicht nach eng lescht Fro: ob dat Konzept vläicht och ka genotzt ginn, fir et an anere Kliniken – ouni hei elo iergendeng mam Numm ze nennen – ze applizéieren. Huet een do zu deem Zäitpunkt vläicht schonn éischt Konkursiounen, déi een derzou féiere kënnen, fir sech Iwwerleungen ze maachen, wéi dat an Zukunft soll dann – och gegebenefalls op anerem Niveau – kënnen applizéiert ginn?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Graas. D'Madamm Gesondheetsministesche Paulette Lenert huet d'Wuert.

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** | Merci, Här President. E klengen Update effektiv zu dëser neier Praxis, déi en place gesat ginn ass: Déi international

unerkannt sougenannt „Newborn Life Support“-Formatioun ass ofgehalen ginn, ausgeschafft ginn hei zu Lëtzebuerg, an zesummenaarbecht mam Institut Widong, deen dat organiséiert huet.

Zu deem Zäitpunkt hunn 30 vun aktuell 36 schaffende Gesondheetsberuffer vun der Equipe soignant eng validéiert Formatioun absolviert. Dräi vun dësen Leit si fir September ageschriwwen an dräi waren der zu deem Zäitpunkt am Krankeschäin a wäerten dat dee Moment nohuelen, well se dat net konnten direkt maachen.

Et ass an der Praxis esou, dass op d'mannst ëmmer ee present ass, deen déi Formatioun absolviert huet. Also et sinn der jo ... Déi grouss Majoritéit huet dat entre-temps. Um Niveau vun de Gynékologin si mer, Stand haut, bei aacht vun zéng, déi d'Formatioun gemaach hunn. Also vun deenen zéng, déi an der Gebuertshëllef tätég sinn, wéi gesot, do sinn et der aacht, déi schonn d'Formatioun hunn, an d'Anästhesisten hunn allegueren dës Formatioun gemaach.

Dir hutt gefrot, wéi oft et zu der Tele-Expertise komm ass: bis elo zum Gléck nach net, géif ech gäre soen. Dat heiten ass jo eng Prozedur, déi fir den Noutfall virgesinn ass, an déi sinn awer trotz allem gottseidank relativ rar gewiescht. D'Tele-Expertise ass also bis elo just an der Testphas ausprobéiert ginn. Mir hunn do e ganz gudd Feedback kritt. Dat war an der Phas, éier et eebe formaliséiert war, dass et erëm opgaangen ass, do ass dat getest gi vun deene Concernéierten. An u sech huet dat ganz gudd funktionéiert.

Am selwechte Sënn ass och nach keen Transport op d'Intensivstatioun vun der Neonatalogie vum CHL gemaach ginn. Bis elo hate mer just In-utero-Transferten, dat heescht bei Schwangerschaften vu manner wéi 36 Wochen, an et ass zum Gléck – an ech hoffen, dass dat och nach eng Zäit esou bleift – net zu esou villen Noutfäll an deem dote Sënn komm.

Déi Pist hei, déi mer austesten, ass sécherlech eng Pist, déi een nach op aner Etablissementer transposéiere kann. Si ass vu Best Practices aus dem Ausland inspiréiert gewiescht an ech si sécher, dass dat och fir Lëtzebuerg à moyen terme eng Léisung ka si par rapport zu anere Maternitéen. Mir wëssen, dass ëmmer méi Leit, och hei iwwert d'Grenzen eraus, op eis Servicer zréckgräifen, an asoufern si mer natierlech frou, wa mer eng arodéiert Routine kënnen hunn, déi ee ka weider ausdeen. Dat ass eppes, wat envisagéiert, zu deem Zäitpunkt awer nach net en place ass, well mer elo mol hei an der Testphas sinn, mee sécherlech eng Praxis, déi ee sech och par rapport zum Süden à moyen terme kéint virstellen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Gesondheetsministesche.

Mir kéimen elo zur Fro Nummer 339 vum Här Serge Wilmes, mee deen ass net hei!

**M. Jean-Paul Schaaf (CSV)** | Däerf ech?

**M. Fernand Etgen, Président** | Normalerweis ... u sech ass et esou: „Chaque député a le droit de poser des questions.“ Da kann net een anere se fir dee stellen!

**M. Jean-Paul Schaaf (CSV)** | Très bien.

**M. Fernand Etgen, Président** | Wa mer d'Reglement applizéieren, da kann net en aneren Deputéierten am Fong geholl fir deen Deputéierte se stellen – sou wéi d'Reglement et virgesäit.

Da kéime mer elo zur Fro Nummer 340 vun der Madamm Cécile Hemmen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten iwwert de Ruffbus-Service.

**– Question n° 340 du 4 juillet 2022 de Mme Cécile Hemmen relative au service payant « Ruffbus », adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Merci, Här President. Madamm, Dir Häre Ministeren, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, d'Reorganisatioun vun de Buslinnen am ëffentlechen Transport huet jo, jee no Regioun, fir vill Diskussiounen gesuergt. An, Här Minister, ech hu jo scho méi wéi eng Kéier op dëser Plaz hei d'Wuert zu verschiddene Regiounen ergraff.

Ee vun de grouss Problemer an de klengen Gemenge si jo d'Frequenzen an d'Ufuerplazen, déi gewieselt hunn, wat derzou féiert, dass d'Bierger hiren Trajet aneschtens mussen organiséieren an dacks alt iwwer Nopeschdierfer musse fueren, fir eng besser Ubannung ze sichen.

Fir deem entgéintzewierken a well vum Ministère och leider keng Verbesserung bis dato ugebuede goufen, ass op ganz ville Plazen de Ruffbus agefouert ginn, an dat ass och eng relativ flott Formule. Dacks déngt dee Service jo eigentlech dozou, fir kleng Dierfer mateneen ze verbannen, mee vill méi appreciéiert wäerten d'Trajete sinn, fir an enger Nopeschgemeng dee Bus ze huelen, mat deem een an enger rasonabler Zäit op seng Destinatioun, deemno ganz dacks an d'Stad, kënn.

Meng Fro un Iech, Här Minister, ass haut ... Ech gi jo dervun aus, dass Der déi Formule vum Ruffbus gutt kennt, a virun allem, dass Der wësst, dass dee Service fir d'Bierger payant ass – dat op d'mannst an där Gemeng, déi mir ganz no steet, an enger Nopeschgemeng –, eleng schonn aus där Ursach eraus, dass d'Käschte vun deem Service eenzeg an eleng vun de Gemenge musse gedroe ginn.

Meng Fro ass dann och déi: Wéi reit sech dës Offer eigentlech an d'Konzept vum gratis ëffentlechen Transport an, wann ee muss mam Ruffbus bis bei den ëffentlechen Transport gefouert ginn? Gëtt driwwer nogeduecht, de Gemengen, déi schonn esou dacks gefrot hunn, fir den Tracé respektiv d'Frequenzen op hire Linnen ze änneren, op d'mannst da bei hire Eegeninitiative eng finanziell Ënnerstëtzung ze bidden? Oder besser nach: Sinn eventuell nach Ännerungen op de Farpläng geplangt, vläicht och a Relatioun mat dem Avancement vun den Tramsaarbechten?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hemmen. Den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics** | Merci, Här President, an och merci fir déi Froen.

Ech wëll vläicht emol am Ufank nach eng Kéier preziséieren, datt e Busdéngscht keen Taxisdéngscht ass. De Busdéngscht – an dat ass iwwerregens och net nëmme zu Lëtzebuerg esou, dat ass op der ganzer Welt esou an dat ass och net aneschtens méiglech, well dat aneschtens och net ze finanzéieren ass –, de Busdéngscht, d'Linnen, déi sollen esou organiséiert sinn, datt se méiglechst déi grouss Mass vun de Leit treffen an deenen e Service ubidden, dee méiglechst attraktiv ass. A wann ech „déi grouss Mass“ soen, dann ass et natierlech ëmmer esou, da kann et emol duerchweegs sinn, wann ech eng Linn decidéieren an doduerjer 20 nei Leit op de Bus kriien, well déi 20 zefridde sinn, datt vläicht op där anerer Plaz der zwee net méi zefridde sinn. Dat kann duerchweegs virkommen. An dat ass och näischt Anormales, dat ass och net anescht zu Lëtzebuerg wéi soss op der Welt.



An et ass och net esou, datt dee Busdéngscht einfach esou en place gesat ginn ass. Ech wëll dorun awer elo mol nach eng Kéier hei erënneren! Wann ech hei héieren, datt gesot gëtt, do wäeren esou vill Gemengen, déi hätte gefrot, an et e bëssen duergestallt gëtt, wéi wa mer kengem Rechnung gedroen hätten: Fir d'éischt, ier mol iwwerhaapt d'Reform ugefaangen huet, hunn ech zwielef Owenter am ganze Land gemaach, fir mat de Bierger mol iwwerhaapt iwwert de Busdéngscht generell ze schwätzen!

Duerno hu mer en nationalen Aarbechtsgrupp gemaach, wou all d'Bierger sech konnte mellen, wou der vill sech och gemellt hunn, fir kënne matzediskutieren iwwert den neie Reseau.

Duerno ass de Reseau ausgeschafft ginn. Du kruten d'Gemengen allegueren deen neie Reseau geschéckt, fir Avisen ze ginn, a mir kruten och iwwer 100 Avisen eran. A vun deenen iwwer 100 Avisen ass bei ongeféier an déi 80 deene meeschte Saache Rechnung gedroe ginn, déi mer vun de Gemenge kritt hunn.

Duerno hunn ech nach eng Kéier zwielef Owenter duerch d'ganz Land gemaach, fir den definitive Reseau virzestellen, a duerno hu mer nach eng Kéier consultéiert. Dat heescht, mir hunn d'Planung vun deem Reseau, deen elo do ass, 2015/2016 ugefaangen. An dee Prozess – inklusiv Biergerbedeelegung –, deen huet sechs, siwe Joer gedauert. An duerno hu mer en a Phasen ëmgesat.

An natierlech ass et esou, och wann en dann ëmgesat ass, datt dann éischters emol d'Leit nach net alleguer Kenntnis dovun hunn. A fir datt d'Leit nach méi Kenntnis dovun kréien, wat fir eng Méiglechkeet se iwwerhaapt hunn, wäerte mer am September eng gréisser Campagne maachen, fir de Reseau emol nach eng Kéier am Detail ze erklären. Ech mengen – dat stellen ech ëmmer erëm fest –, datt d'Leit oft selwer net wëssen, wat fir Verbindunge se hunn. Da bleiwen natierlech ëmmer nach awer Leit iwwreg, déi och warscheinlech net zefridde sinn.

An ech soen Iech, de Ruffbus ... Dir sot, deen ass payant, mee deen ass jo awer net käschtdendeckend payant an de Gemengen. Dat muss awer kee mengen! A payant, oder wat een do bezilt, dat ass éischter symbolesch par rapport zu deem, wat et reell kascht. Well e Ruffbus, dat ass am Endeffekt awer scho bal en Taxi – et ass net grad en Taxi, well Dir fuert meeschtens der zwee, dräi sichen, ier Der ee féiert – an duerno ass dat sécherlech net den Optrag vum Staat, fir esou eppes ze finanzéieren.

Wat mir hunn, dat ass e Ruffbus fir déi Leit, déi keen aneren ëffentlechen Transport kënnen huelen, dat ass den Adapto. An deen ass och gratis, den Adapto. A mir hunn och nach de CAPABS (ndlr: Transport complémentaire d'accessibilité pour personnes à besoins spécifiques), dat ass dann, fir spezifesch Leit an Institutionen ze bréngen, an deen ass och gratis. Mee dat si Leit, déi iwwerhaapt keen ëffentlechen Transport huele kënnen, well dat net geet, well se en Handicap hunn oder iergendeng Behënnerung hunn. An aus deene Grënn gi se och gefouert.

De Ruffbus, dat kann eventuell a verschiddene ländleche Regiounen eng Optioun sinn. Mee meeschtens, do wou et gemaach ginn ass am Ausland – ech hu mer dat jo alles ugekuckt, mir erfannen d'Rad jo net nei! –, do ass et da gemaach ginn, fir eng Linn duerch e Ruffbus ze ersetzen, well et owes esou ausgedénnt war, datt ee quasi keng Clienté méi um normale Linnebus hat, an dann ass esou e „Rufbus“ agesat ginn.

Dat hu mer jo och hei gekuckt! Mee mir sinn awer zur Konkusioun komm, datt, wa mer dat gemaach hätten, an de ländleche Regiounen zu Lëtzebuerg dat derzou gefouert hätt, datt mer eng Ausdënnung vum

Reseau vum RGTR gehat hätten, wat méi desavantages gewiescht wär fir d'Leit, wéi dann esou e Ruffbus anzeféieren. Well et kann een net e Ruffbus aféieren, wou jiddwereen ëmmer doheem ewechgeholl gëtt; da muss ee Sammelplaz sichen an esou, wann een et an en normale Reseau integréiert.

Fir d'Zukunft: De Ruffbus mécht vläicht eng Kéier Sënn, wa mer eng Kéier souwäit sinn, mee dat ass nach net souwäit, well déi Systemer kucken ech mer och allegueren un a wann déi kleng Bussen eng Kéier komplett autonom fueren, dann ergëtt et vläicht iergendwann eng Kéier Sënn, well da kann een déi duerno hin- an hierpendele loosseren an och op gréisser Arréien, op Pôle-d'échangé fuere loosser. Dann ass dat relativ einfach ze organiséieren. Dat gëtt am Virfeld programméiert an dee firt do hin an hier a sammelt d'Leit an, wéi e se grad do fënnt. Duerfir, dat geet.

Mee sou wäit si mer an der Technik nach net. Ech hu mer déi Systemer all ugekuckt an ech kucke mer se all permanent un, a gleeft mer es, wa bis eng Kéier een do ass, dee richteg fonctionéiert, da wäerte mer och op de Wee goen, fir e Pilotprojet ze maachen. Déi Pilotprojeten, déi et de Moment am Land gi sinn ... Dir hutt déi jo warscheinlech alleguer scho gesinn. Ech mengen, dat kann net d'Alternativ sinn! An do firt och ganz sécher da kee mat.

A fir de Rescht: Wann eng Gemeng natierlech hire Bierger dat wëllt offéieren, da ka se dat gär maachen. Mee mir hunn elo rezenteweis hee d'Gesetz gestëmmt, wat den RGTR de Staat kascht. Dir wäert elo an deenen nächste Wochen a Méint hei e Gesetz kréien ... D'CFL, also den Zuchtraffack, kascht de Staat iwwer 15 Joer 7,5 Milliarden. Mir wäerten och nach eng Kéier mat engem Gesetz kommen, well mir mussen dat jo ewell maache fir dee ganzen Tramsystem. A mir schwätzen hei vu Milliarden, déi de Budget grevéieren. Mir mussen awer och nach heiansdo e bëssen oppassen, wat mer mat eise Sue maachen!

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch.

Mir kommen elo un d'Fro Nummer 341 vun der Madamm Djuna Bernard un den Här Minister fir Education, Kanner a Jugend iwwert d'Finanzausbildung an de Schoulen, besonnesch wat d'Kryptowärungen ubelaangt. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 341 du 5 juillet 2022 de Mme Djuna Bernard relative à l'éducation financière à l'école, notamment en ce qui concerne les cryptomonnaies, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**Mme Djuna Bernard (déi gréng) |** Här President, an de leschte Méint sinn d'Coursé vun de sougenannte Kryptowärungen ganz staark an de Keller gaangen. D'Bitcoin, déi bekanntst a gréisst dovunner, steet haut bei ëm 20.000 Dollar, wou se am November 2021 nach bei 69.000 Dollar stoung. Aner Kryptowärungen sinn ëm 99 % an nach vill méi agebrach.

Hei gesäit een, dass déi Investissementen a Kryptowärungen letztendlech virun allem Spekulation sinn. An de Jore virdrun, wéi d'Coursen an den Himmel gewuess sinn, hunn och ëmmer méi privat Investisseure bei der Spekulation matgemaach, dorënner natierlech och vill Jonker a jonk Erwuessener.

Si sinn oft technikaffin a gleewe gären un d'Fortschrittlechkeet vun de Kryptowärungen. An de Sujet ass fir si besonnesch accessibel, well si op de soziale Medien permanent domat konfrontéiert sinn, an awer och, well et ganz einfach a mat wéinege Käschte verbonden ass, fir iwwert den Handy an esou Wärgen ze investéieren.

Hei zu Lëtzebuerg huet d'CSSF verschidden Initiativen an d'Liewe geruff, fir d'Education financière vun de Verbraucher ze féieren. Déi riichte sech awer un déi ganz Bevëlkerung an et ass sécher nëmmen eng Minoritéit, déi effektiv doduerch erreecht gëtt. Fir d'Algemengheet vun de Jonken ass et dowéinst awer eng wichteg Fro, wéi déi finanziell Erziéung am Kader vun der formaler Bildung, also vun der Schoul, stattfënnt.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister dräi Froen stellen. Éischters: Wéi gëtt d'Education financière an de Lëtzeburger Schoulen am Kader vum reguläre Programm ëmgesat? Gi Kryptowärungen an hir Risiken hei scho spezifesch thematiséiert? Zweetens: Geet den Här Minister dovunner aus, dass d'Theema an den nächste Joren nach wäert verstärkt thematiséiert ginn? A wat sinn hei um Niveau vum Programm – oder doriwwer eraus – méiglech Pisten? An drëtters an zu gudder Lescht: Gëtt d'Theema Spekulation, Kryptowärungen a responsablen Ëmgang mat Geld och am psychosozialen a parascolairen Encadrement an de Schoulen thematiséiert?

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Madamm Bernard. Den Här Minister fir Education, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse |** Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, aus dem Näischt kënnt näischt. Dat léiert een och an de Schoulen. An dat soll och all Jonken a manner Jonke sech vläicht iwwerleeën, eier en a Kryptowärungen investéiert.

Mir hunn awer am Regierungsprogramm en Akzent op d'Education financière gesat, well et wichteg ass, datt all Jonken, deen aus der Schoul erauskënnt – oder och scho während senger Schoulzäit –, mat Sue kann ëmgoen, muss kënne mat Suen ëmgoen. Et ass en Deel vun eisem deegleche Liewen. Eis Gesellschaft baséiert dorop. Och wat d'Aspekter net nëmme vun: „Wat kréien ech eran a wat kréien ech eraus?“, mee och vu mëttel- a laangfristigen Investitiounen ubelaangt, wéi déi ze bewäerte sinn, dat alles gehéiert eigentlech haut zu deene Kompetenzen derzou, déi mer als Biergerinnen a Bierger sollen hunn. An duerno soll dat natierlech och an der Schoul verankert sinn.

Mir hunn eng ganz Rei vu Projeten. Dir hutt déi Zesummenaarbecht mat der CSSF ugeschwat. De Site [letzf.in.lu](https://letzf.in.lu) zum Beispill, wou ee ganz flott opgemaach Informatiounen an awer och Outiler fënnt, fir déi eenzel Aspekter vun der Finanzgestioun an der Education financière ze thematiséieren, op déi och an der Schoul kann zréckgegraff ginn, respektiv déi awer och Jonker an hir Famille kënnen notzen.

Mir hunn och ëmmer nees, eemol d'Joer, zesumme mat der ABL d'Woch vun de Suen, wou mer och eng ganz Rei vu Materialien an d'Schoule ginn an och dann do d'Education financière zu Haapttheema maachen. D'ABL bitt awer och eng Rei vun aneren Outilen un. Zum Beispill „La finance responsable à la portée de tous“ oder de „European Money Quiz“ sinn nëmmen eenzelner, déi ech hei wëll opzielen.

Och d'Banque centrale, d'BCL, bitt eng Rei vun Outilen un, notament och didaktesch Presentatiounen respektiv Concoursen, déi sech och ganz besonnesch u Jonker, u Schülerinnen a Schüler richten, fir déi Aspekter do ze thematiséieren. Et ass also schon esou, datt mer souwuel als Schoul wéi awer och mat externe Partner, déi d'Fachkompetenz dofir hunn, kucken, déi Thematiken do ze integréieren.

Mir hunn dat dann awer natierlech och an eise Schoulprogrammer op déi jeeeweileg Sektionen adaptéiert.

Well d'Finanzgestioun an den Émgang mat Suen natierlech vlächicht éischter op enger D-Sektioun oder op enger Sektioun vun der École de Commerce et de Gestion e Schwéierpunkt duerstelle wéi op anere Sektiounen, hu mer do natierlech där doter Inhalter, wou och op eenzelne Sektiounen, virun allem op deenen, wou d'Contenuen elo an der Lescht iwwerschafft goufen, Aspekter wéi Blockchain respektiv Kryptowährung och thematiséiert ginn.

Do wou natierlech an de leschten, soe mer mol fënnen Joer d'Programmer, d'Inhalter nach net iwwerschafft goufen, bleift dat natierlech nach ze maachen an et wäert natierlech och bei enger nächster Revisioun de Fall sinn.

Mir sinn eis awer och bewosst, dass grad de Phänomene vun de Kryptowährungen e Phänomene ass, dee jo op de soziale Medien zum Deel ganz staark gespillt huet, an duerfir gëtt dat och thematiséiert vu BEE SECURE. An et ass sécherlech och en Thema, dass beim neie Schoulfach Digital Sciences kann eng Roll spillen, an do kann och opgegraff ginn, wéi schnell een eigentlech och an de soziale Medie seng Sue ka verléieren.

Dat ass bis elo ëmmer e Schwéierpunktheema vu BEE SECURE gewiescht, well net nëmmen iwwert den Investissement a Kryptowährungen, mee iwwer ganz vill aner Arnaquë Jonker, mee och manner Jonker ëmmer nees hiert Geld verléieren an eigentlech herno net méi drukommen. Mee grad dass e Phänomene, dee mer schéngt bei de Kryptowährungen awer och ganz ausgeprägt gewiescht ze sinn.

Ech denken, dass awer och d'Elteren hei eng Responsabilitéit hunn. Wann ech als Papp géif mierken, dass meng Kanner a Kryptowährungen investéiert hätten a si hätte vill Geld verluer domadder, da géif ech mer vlächicht iwwerleeën, op dat aalt Spuerbuch zrëckze-gräifen an en Deel vun hirem Täschegeld dorobber ze setzen.

Villmools merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Meisch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 342 vum Här Dan Kersch un den Här Verdeedegungsminister iwwert d'Weiderentwécklung vun de Militärdépenden. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

**– Question n° 342 du 5 juillet 2022 de M. Dan Kersch relative au développement des dépenses militaires, adressée à M. le Ministre de la Défense**

**M. Dan Kersch (LSAP) |** Merci, Här President. Här Minister, an Ärër éffentlecher Presentatioun vun der Trajectoire vum Effort de défense hutt Der eng järelech Steigerung vun 0,06 % vum PIB virgesinn, fir 2028 d'Grenz vun 1 % vum PIB ze erreechen. Déi puer Stellen hannert dem Komma gesi selbstverständlech net no ganz vill aus, mee mir schwätzen awer hei vun Erhéijunge vun Honnerte Milliounen, bis an de Beräich vun der Milliardengrenz. Mir schwätzen also absolut net vu Peanuts!

Domadder verlooosse mer e meng Aen och eng iwwer Joerzénge vun de sukzessive Regierungen verfollegt Strategie, fir traditionell méi niddreg Ausgabe fir d'Défense par rapport zu den Nopeschlänner mat konsequent méi héijen Ausgaben an der Kooperatioun ze argumentéieren.

Dat ass ouni Zweifel e Paradigmewiessel, well mer an Zukunft strukturell 1 % vun eisem PIB an d'Défense géifen investéieren an 1 % vun eisem RNB, also dem Revenu national brut, wat eppes ganz aneres ass, an d'Kooperatioun.

Dëst ass, wéi gesot, op den éischte Bléck eng ausgewogen Decisioun, ënnerschleit awer, dass de PIB weesentlech méi héich ass wéi den RNB. 2021 kann een dovun ausgoen, dass et en Ennerscheed vu ronn 60 % gëtt. Mir decidéieren also quasi, fir strukturell a laangfristeg weesentlech méi an d'Défense ze investéieren wéi an d'Kooperatioun.

Här President, erlaabt mer, hei ze soen, dass ech déi Entwécklung als äusserst bedauerlech an och bedenklech empfangen. An ech mengen, dass och keen heibannen ass, deen deem géif widderschwätzen.

Wéi d'Regierung 2017 hire Plang fir d'Entwécklung vun der Défense virgestallt huet, waren haaptsächlech Projeten ugeduecht ginn, déi souwuel e militäresche wéi och en zivilen Notzen hunn. An als Beispill wéilt ech vlächicht d'Utschafung vun Helikopteren zitéieren, déi souwuel militäresch ewéi och bei der Mënscherettung am In- an Ausland kéinten an den Asaz kommen. Eng Zesummenaarbecht mam Zivilschutz war och ausdrécklech ugeduecht ginn, d'Ausbildung vu Fliegerpilote mat engem Simulator um Findel, wat souwuel der ziviller wéi och der militärescher Aviatioun kéint zeguttkommen.

Ech wollt an deem Kontext dann och – well de Minister an der Äntwert op der Madamm Hemmen hir Ausso virdru grad gesot huet: „Mir musse ganz gutt oppassen, wat mer da vu Sue wëllen ausginn a wat mer mat eise Sue sollte maachen“ – zwou Froe stellen: Ass bei der Regierung virgesinn, dass déi zousätzlech finanziell Mëttelen aleng dem Defense-ministère ze ënnerstelle sinn oder kéinten och aner Departementer bedeelegt ginn, fir esou Synergie mat ziville Projeten hierzustellen? An zweetens: Gëtt et eng genau Lëscht vun deem, wat an Zukunft mat deenen zousätzleche Mëttelen soll gemaach ginn, wat iwwert dat erausgeet, wat Der och an der Éffentlecheet scho gesot hutt a wat een och um Internet kann noliessen? A wann et déi Lëscht gëtt, kënnen d'Deputéiert déi agesi respektiv och doriwwer mat Iech diskutéieren?

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Kersch. Den Här Verdeedegungsminister François Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch, Ministre de la Défense |** Merci, Här President. An och merci dem Här Kersch fir déi Froen a fir déi Méiglechkeet, déi ech domadder hunn, fir kënnen e puer Prezisiounen ze ginn. Fir d'éischt emol zu der Fro zum 1 % PIB an 1 % RNB respektiv Entwécklungshëllef par rapport zu dem Defensebudget. Bekanntlech sinn ech jo net zoustänneg fir d'Entwécklungshëllef. Ech sinn awer och Member vun der Regierung. A wann den Entwécklungshëllefminister an d'Regierung kennt an e mécht Proposen, fir d'Entwécklungshëllef ze héijen, muss ech Iech soen, dass wier mir ganz sympathesch.

*(Interruption)*

Also hunn ech guer kee Problem domadder, dass ze maachen. Mir mussen eis natierlech dann an der Regierung an och hei an der Chamber eens ginn, wann de Budget gestëmmt gëtt, ob dat dann och vun den Deputéierten alt esou gesi gëtt. Also dat klénge fir mech éischter ganz positiv. Duerfir, ech gesinn do kee Widdersproch.

Ech muss awer allerdéngs soen: Deen 1 % Erhéijung vun der Défense, dass ass jo och eng Regierungsdecisioun, et ass net nëmmen eng Decisioun vu mir eleng. An dass ass eng Decisioun fir Lëtzebuerg, well mir sinn natierlech an der NATO, an an der NATO gëtt et scho méi laang eng Diskussioun. Ech mengen, dass weess den Här Kersch och an dat wëssen och d'Deputéiert

allegueren. A Lëtzebuerg huet an deem Kontext net déi Krittären erfëllt, déi am Fong net als absolutt Zuelen doustoungen, dass ee misst eng Kéier op 2 % kommen, mee et misst ee sech awer an déi Richtung beweegen.

A mäi Virgänger huet domadder schonn ugefaangen, well ech wëll awer drun erënneren, dass mäi Virgänger och vun 0,3 % op – a senger Trajectoire – 0,72 % eropgaangen ass. Elo ginn ech vun 0,72 % op 1 % – enfin, ech, d'Regierung, wéi se elo do ass.

Et ass natierlech esou, dass d'Situatioun jo och haut nach eng aner ass, wéi se virun engem Joer war respektiv viru véier Méint, ier mer an engem Krich waren. Eleng de Fait, dass Länner wéi Schweden a Finnland no Joerzénge Neutralitéit Hals über Kopf decidéiert hunn, Member an der NATO ze ginn, beleet genuch, a wéi enger Situatioun mer haut sinn. An duerfir ass d'Situatioun natierlech eng ganz aner.

Déi Projeten, déi mer an der Chamberskommissioun gewisen hunn, sinn och déi Projeten, déi finanziell dat ausmaachen, fir dass mer op deen 1 % kommen. Dat ass un éischter Stell de Bataillon. Dat wäert déi gréisst Depense sinn. Dat ass och déi, déi am nohaltigsten ass am Sënn, dass et am Budget ëmmer erëm erëmkënn. Well beispillsweis e Satellitt eropzeschësse wéi de LUXEOSys, wat mer d'nächst Joer wäerte maachen, dass kascht vill Suen, fir dass ze bauen an eng Kéier eropzeschëssen, mee duerno an der Exploitatioun kascht dass de Budget net méi schrecklech vill. Mee par konter esou ee Bataillon, do sinn Honnerte Leit engagéiert. Manpower, déi kascht Suen. Natierlech muss och d'Material kaaft ginn. An dat ass eppes, wat och duerno dann den Effort de défense sécherlech méi héich hält.

Ech mengen, dass dat awer wichteg ass, wat d'Regierung decidéiert huet. Ech hunn et jo och duerfir proposéiert, well mer an där verännerter Situatioun sinn, an där mer sinn. Well fir d'Défense ... elo kann ee soen: „Dat ass gutt“, oder: „Dat ass schlecht ugeluecht.“ Ech mengen, an deenen Zäiten, an deene mer liewen, ass et awer gutt ugeluecht, well mir liewen an engem Welt, déi net méi sécher ginn ass, mee éischter manner sécher ginn ass.

A mir sinn an engem Bündnis dran, och an der Europäescher Unioun, wou d'Défense jo och entre-temps eng aner Roll spillt wéi nach viru sechs Méint, wou mer vun deenen anere mat verteidegt ginn, wou eis Wäerter, eis Sécherheet vun deenen anere mat assuréiert ginn. An ech mengen, do musse mer awer och e Baitrag leeschten.

Ech contestéieren awer nach ëmmer, dass et par rapport zum PIB berechent gëtt. Dass soen ech och an der NATO an an der EU, well ech mengen, dass dat eng falsch Premiss ass. Ech hu jo och d'Beispill gi gehat: Wann Der e Land huet wéi Lettland, wat vun der Gréisst hier à peu près awer e bësse mat Lëtzebuerg vergläichbar ass, dann ass et esou, dass, wann d'Letten de PIB hätte vu Lëtzebuerg, da misst Lettland sechs- bis aachtmol méi ausginn, wéi et haut ausgëtt fir d'Défense. A Lettland ass bei 2,14 % vum PIB.

Also duerfir ass och eng Diskussioun an der NATO amgaange fir ze kucken, de PIB net méi als eenzege Richtwäert ze huelen. Ech mengen, dass dat kee gudd Richtwäert ass.

An iwwregens niewebäi bemierkt, all déi Projeten, déi mer elo virgesinn hunn, déi sinn och all zivill notzbar. De Bataillon ass vlächicht deen eenzege – mee bon, Zaldote méi, déi kann een och fir aner Saachen asetzen, dat hu mer jo gesinn an der Covidzäit –, mee all déi aner Projeten, déi kënnen mer zivill asetzen: déi méi Stonne beim MRTT-Fliegerprogramm, de LUXEOSys kann een asetzen am Beräich vu Klimabeobachtung,



am Agrarberäich, bei Bëschbränn, bei Allméglechchem, dat ass jo en Observatiounssatellit.

Also all déi Saachen, déi mer maachen – mat Ausnam, wéi gesot, vläicht bei verschiddene Saachen am Kader vum Batailloun – sinn ëmmer Dual-Use. Duerfir bleiwe mer och bei där Traditioun. An dat mécht och Sënn, well ech mengen, et ass scho richtig, datt mer hei zu Lëtzebuerg och genuch Méiglechkeeten hunn, fir kënnen relativ séier op d'Militär zrëckzegräifen am Kader vun nationale Katastrophen. Dat hu mer an der leschter Zäit jo oft genuch gesinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Verdedegungsminister François Bausch.

Mir kommen elo zur Fro Nummer 343 vum Här Dan Biancalana un d'Madamm Ministesch fir d'Groussregioun iwwert d'Schlussfolgerunge vum Sommet vun der Groussregioun. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

– **Question n° 343 du 5 juillet 2022 de M. Dan Biancalana relative aux conclusions à tirer du sommet intermédiaire des exécutifs de la Grande Région, adressée à Mme la Ministre à la Grande Région**

**M. Dan Biancalana (LSAP)** | Merci, Här President. Jo, d'lescht Woch war zu Lunéville an der Lorraine en Treffen, e sougenannte Sommet intermédiaire vun de Verrieder aus der Exekutiv vun der Groussregioun. A Lëtzebuerg war do effektiv vertrauten duerch d'Madamm Cahen an hirer Qualitéit als Minister fir d'Groussregioun.

D'Sujete ware jo – konnt een erausliesen – d'Gesondheitswiesen, wéi et opgestallt war während der Pandemie, d'Aarbeitsperspektiven, d'Energieversuergung, d'Transition énergétique, d'Sozialpolitik, d'wirtschaftlech Entwécklung an d'Kompetitivitéit. Bon, et ass am Fong eng ganz breet Palett.

Dës Theeme solle verstärkt an der grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht verdéift ginn, fir esou dann och méi gezielt zur Attraktivitéit vun der Groussregioun bäizedroen, an där mer jo am Alldag liewen, schaffen, eis Fräizäit verbréngen, consoméieren an eis och fräi beweegen.

Et konnt een awer och liesen, dass ganz kloer d'Bestriewung erauskomm ass, d'Groussregioun méi resilient opzestellen, fir sech esou och eventuell besser op Krisen an Zukunft ze preparéieren respektiv se och besser ze meeschteren, wat, mengen ech, net onwichtig ass.

Duerfir meng Froen un d'Madamm Minister: Wéi positionéiert sech Lëtzebuerg? Zweetens: Wat sinn eis Prioritéiten, wéssend dass jo d'Theemen hei villfälteg an och transversal sinn? A wéi gi mer se un? An drëtens: Wéi gi se ëmgesat? Wat ass do de konkreeten Timing, deen ee sech ginn huet?

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Biancalana. D'Madamm Ministesch fir d'Groussregioun, d'Madamm Corinne Cahen, huet d'Wuert.

**Mme Corinne Cahen, Ministre à la Grande Région** | Villmools merci, Här President. Och villmools merci dem Deputéierten Dan Biancalana fir d'Fro, well ech mengen, mir sollten effektiv méi dacks och heibanen iwwert d'Groussregioun an de Rôle vu Lëtzebuerg an der Groussregioun schwätzen. Lëtzebuerg ass jo am Fong dat eenzeg Land an der Groussregioun, dat anert, dat si Regiounen.

A wat am Fong vill Leit net wëssen, dat ass, dass mer ons elo iwwer zwee Joer all Woch gesinn hunn iwwer Videokonferenz. Dat war organiséiert vun der Prefète vun der Groussregioun, wou mer iwwert

d'Crise sanitaire geschwat hunn, wou mer och d'Robert Koch-Institut derbäihaten, wou mer och d'ARS a Frankräich derbäihaten. Baden-Württemberg war awer och mat derbäi, well déi jo och eng Grenz hu mat Frankräich respektiv mam Grand Est.

Et ass beim Sommet virun allem och drëms gaangen, fir Léieren ze zéien aus der Krise sanitaire. An ech mengen, als Lëtzeburger war jo do dat, wat ons am meeschte schockéiert huet, am meeschten nogaangen ass, wat ons och am meeschte preoccupéiert huet nieft dem Fait, dass mer an enger Kris waren, wou ganz vill Leit krank waren an et och net iwwerlieft hunn, dass d'Grenzen zougaange sinn.

Mir vergiessen dat haut schonn nees e bësselchen, mee déi Grenze waren awer op eemol ganz séier zougaangen. An dat war och ee vun den Haaptsubjeten op deem Sommet: Wéi brénge mer et fäerdeg, dass d'Grenzen net méi zouginn? Hei an der Regioun wëll keen d'Grenzen zoumaachen, weeder d'Saarland, nach Rheinland-Pfalz, nach de Grand Est, nach d'Wallonie.

De Problem ass natierlech, dass Lëtzebuerg d'Haaptstad vu Lëtzebuerg ass, an do ass dann d'Kommunikatioun einfach, mee d'Kommunikatioun mat Berlin, Paräis a Bréissel ass natierlech méi komplizéiert. An ech muss soen, dass ons Partner an der Groussregioun do natierlech och ëmmer mat ons zesumme probéiert hunn ze erklären, firwat et esou wichtig ass, dass déi Grenzen opbleiwen: net nëmmen, mee och, fir dass d'Leit kënnen schaffen kommen, mee awer och fir dass d'Familje sech kënnen gesinn, dass vläicht Elteren, déi net méi matenee liewen, hir Kanner kënnen gesinn, dass een – den Oliver Paasch vun Ostbelgien huet dat nach erzielt – ka bei de Bäcker goe vis-à-vis an der Strooss. Dat ass op eemol net méi gaangen.

An do huet déi franséisch Presidence vun der Groussregioun – si hunn am Moment d'Presidence – decidéiert, e Rapport auszuschaffen, fir dass mer Léieren aus där Kris kënnen zéien, och en vue vun anere Krisen, dass mer dorausser wierklech och kënnen léieren an dass et net méi geschitt, dass d'Grenzen zouginn, an dass mer méi solidaresch sinn tëschent de Länner a virun allem tëschent eise Regiounen.

Et ass och dacks gesot ginn op deem Sommet: „Mir sinn am Fong eng Région modèle, muss ee jo soen. Mir hu ganz vill Grenzen. Mir wëssen, wéi et genee ass, op enger Grenz ze liewen.“ Ech mengen, hei zu Lëtzebuerg weess souwiso jiddwereen dat, mee och an der Groussregioun. A do geet et eeben drëms, d'Spezifisitéit vun de Grenzregiounen ze kucken an och an Europa dofir ze sensibiliséieren. Well mir si jo net déi eenzeg Grenzregioun an Europa. Et gëtt der jo nach. Mee mir si ganz sécher déi, wou déi meescht Leit awer iwwert d'Grenz fueren, zum Beispill fir schaffen ze goen. Also dofir, mengen ech, si mer schonn eng Grenzregioun, déi ganz interessant ass.

Mir hunn do ganz vill Erfarunge gemaach. A mir hätte gärn als Groussregioun an natierlech och als Lëtzebuerg, dass déi Grenzgebidd an Zukunft besser respektéiert ginn an dass och gekuckt gëtt, wat do spezifesch d'Besoin si vun enger Grenzregioun, wann eeben eng Kris ass.

Mir hunn d'Konzept vum Cross-Border Impact Check agefouert. Dat ass eng Lëtzeburger Initiativ gewiescht vum Benelux, an den europäeschen Debat hu mer dee bruecht, dee Cross-Border Impact Check. An do geet et am Fong drëms, allkéiers wann eng Decisioun geholl gëtt an Europa oder an engem europäesche Land, dass een dat dann eng Kéier checkt par rapport zu de Grenzregiounen: Wéi een Impakt huet déi oder déi Decisioun op d'Grenzregioun?

Ech gesinn hei och de Kollege Turmes setzen, dee war d'lescht Woch am Saarland, huet do zesumme mat der neier saarlännescher Ministerpresidentin och driwwer geschwat, wéi mer den Hydrogeen, grängen Hydrogeen kënnen besser transportéieren. Och dat war e Sujet op deem Sommet vun der Groussregioun, well et geet jo och hei bei ons ëm erneierbar Energien an awer och ëm déi energeetesche Onofhängegkeet, déi mer kënnen hunn. An och dat kënnen mer nëmme grousregional – si mir der Meenung – plangen, wa mer zesummenhalen a wa mer kucken, dass zum Beispill déi Kanalisatiounen, déi et gëtt, ëmgewandelt ginn, fir eebe Gaz naturel an der Groussregioun ze transportéieren.

Do si mer natierlech och nees tributär vun eisen Noperen. An do ass awer de Commitment gewiescht, dass mer dat onbedéngt wëllen zesumme maachen. Mir hunn och iwwert d'Crise alimentaire geschwat oder doriwwer, dass mer onofhängeg wëlle sinn. Mee dat geschitt schonn. Ons Baueren an déi ganz Liewensmittelproduktioun an d'Verschaffen, dat gëtt souwiso scho grousregional gereegelt. Dat heescht, dat leeft ganz gutt.

Mir sinn, wéi gesot, a permanentem Kontakt. An ech ka no bal néng Joer soen, dass d'Groussregioun warscheinlech nach ni esou gutt fonctionéiert huet, den Austausch nach ni esou effikass war, well mer ons eeben och all Woch gesinn hunn a well mer ganz séier konnte reagéieren.

Ech erënneren drun, dass mer dunn awer an enger zweeter an drëtter a véierter Phas d'Grenzen net méi hu mussen zoumaachen – oder net méi zougemaach kritt hunn, well Lëtzebuerg huet d'Grenzen ni zougemaach. An dat war awer och, well mer all Woch all zesumme geschwat hunn a probéiert hunn, deenen zu Berlin an zu Paräis ze erklären, wéi mir hei liewen a wat hei ons Situatioun ass, an déi dat dann och mat consideréiert hunn.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cahen.

## 6. Interpellation de Mme Semiray Ahmedova au sujet du développement du site Belval

Deen nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass d'Interpellatioun vun der Madamm Semiray Ahmedova iwwert de Site Belval. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova.

### Exposé

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng), interpellatrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass mir als gréng Süddeputéiert net méiglech, dësen Debat iwwert den Developpement vun der industrieller Friche um Belval unzefänken, ouni déi visionär Engagementer vun engem grénge Virgänger – zemoos och nach vun Diddeleng – ze ernimmen, an dofir wollt ech mäin Debat am Fong heimadder ufänken. Ech gesinn an ech mengen, et sinn der vill, déi wëssen, vu wem ech hei schwätzen.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Très bien!

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng), interpellatrice | De Robert Garcia, besser bekannt vläicht ënner „Roga“, hat zwëschen 1992 an 2003 net opgehalen, ëmmer nees d'Entwécklung vun dem Lëtzeburger Süden an der Minettregioun ze thematiséieren. Am Zentrum vu sengen Efforte stoung dobäi ëmmer nees

d'sënnvoll Notzung vun der Friche Belval an d'Erhale vun eisem industrielle Liewen, Punkten, déi hie mat vill Häerzblutt hei an der Chamber, mee awer och ausserhalb verdeidegt huet an och weidergedriwwen huet – an natierlech mécht en dat och haut nach.

An deem Sënn ass et och net verwonnerlech, datt och d'Agora hien op hire Websäit erwänt a speziell op seng Proposition de loi vun 1997 verweist, fir déi hien als Oppositionsdeputéierten ee Joer laang e Konzept fir e „Parc économique et naturel de la région de la Minett“ ausgeschafft hat, wou et souwuel ëm d'nohalteng wéi och ëm d'wirtschaftlech Entwécklung vum Süde gaangen ass, Mee och weider ëm d'Notzung vun den Industriebroochen, ëm d'soziokulturell Identitéit vun der Südregioun, ëm d'Schafung vun engem Naturpark op deenen a ronderëm déi al Minnen, ëm Industrie-archeologie an d'Erhale vun wäertvolle Patrimoine, ëm d'Schafe vun engem „Tourist Board“ an engem „Economic and Development Board“ fir d'professionell Vermaartung vun der Regioun an zu gudder Lescht eng verstärkt Kollaboratioun zwëschen den Nopeschregiounen an den Nopeschlänner. Alles Aspekter, déi esou och haut nach ëmmer fir Belval wéi och aner Friche pertinent sinn.

Da wëll ech natierlech och nach u seng zwou Proposition-de-loi vum Mäerz 1999 erënneren, mat deenen hien engersäits eng „Centrale culturelle“ op de Belval wollt hikréien an anerersäits eng Universitéit op der Friche Terres Rouges usidele wollt. An dat Ganzt véier Joer, éiert d'Uni Lëtzebuerg gegrënnt gouf, a sechs Joer, bevir déi Decisioun gefall war, datt déi ganz Uni sollt am Fong an déi Südregioun plënnere.

Fir de Roga war viru 25 Joer scho kloer, datt d'Entwécklung vun der Minettregioun mat der Entscheedung iwwert d'Zukunft vun den Industrie-riche steet a fällt.

Här President, eis Entscheedungen iwwert d'Entwécklung vun den Industriebroochen bleiwen zukunftsweisend fir d'Entwécklung vun der jeeweileger Regioun a souguer vun eisem Land. D'Viabiliséierung vun de Friche ass eng enorm Chance, well mir hei op grousssem Raum quasi bei null kënnen ufänken, e Quartier ze plangen. En plus gëtt bei deem Projet net wäertvoll gréng Surface, also Gréngfläch oder Akerfläch, onnéideg versiegt. An eeben, well mir hei d'Planung quasi bei null kënnen ufänken, ass et fir eis Gréng kloer, datt mir hei d'Feeler vun der Geschicht an och vun der Vergaangenheet net dierfe widderhuelen.

D'Industriebroocher mussen esou entwéckelt ginn, datt se gelieft Virbiller an enger Raumplanung sinn, déi de sozialen, ekonomeschen an ekologeschen Defie vun haut a vu muer gerecht gëtt an déi d'Besoiner vun de Mënschen an de Mëttelpunkt stellt. Dofir wëll ech haut kucken, wéi mer am Fong déi Revalorisation vun dese Friche um Belval evaluéieren, an och iwwerhaapt déi ganz ekonomesch an ekologesche Entwécklung, an och, wéi de sozialen Defie vun haut Rechnung gedroe gëtt. Wat kënnen mir doraus léieren a wéi kann een am Fong an Zukunft och des Friche besser amenagéieren?

Hei zu Lëtzebuerg hu mer nämlech déi ganz aussergewöhnlech Situatioun, eng ganz Rei vu Projeten, wéi d'„Rout Lëns“, Esch-Schëffleng, d'Friche vun Diddeleng an nach weider aner Arealer kënnen nei ze amenagéieren. Déi Erfahrungswärter mussen hei afléien, fir hei d'Entwécklung vun enger neier Visioun vun enger moderner Stad, vun engem besseren Zesummeliewe kënnen ze illustréieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Reconversion vum Belval war deemools komplett Neiland. Wann et fir eis haut evident ass, datt mer Friche

viabiliséieren – an dat war virum Projet Belval keng Selbstverständlechkeet –, da war dat deemools e groussen Challenge. Et huet Fantasie verlaangt, fir eppes Neies fir de Minett ze proposéieren. An den 90er-Joren a souguer bei der Grënnung vun Agora am Joer 2000 a beim Fonds Belval 2002 war bei Wäitem net jiddereen iwwerzeegt, datt een aus deem industrielle Site kéint eppes Neies maachen an en neien Zentrum grënne fir den tertiäre Secteur, fir d'Recherche a fir d'Innovation hei zu Lëtzebuerg an datt souguer haut och nach esou vill Wunnengen do gebaut géife ginn, wou vill Familljen en neit Doheem fonnt hunn.

Agora selwer war u sech eng innovativ Partnerschaft zwëschen engem Privaten an dem Staat. Et huet natierlech vill Iwwerzeugungskraaft kascht, fir d'Stakeholder mat an d'Boot ze huelen, fir déi Visioun vum Belval kënnen ze verkafen an ze vermaarten.

Mee de Site Belval ass haut emblematesch fir déi ekologesche Transition, déi Lëtzebuerg am Laf vun dem 20. Joerhonnert a souguer 21. Joerhonnert gemaach huet. Wou fréier déi gréisst Eisen- a Stollwierker zu Lëtzebuerg stoungen, sinn haut méi wéi 250 Entrepreneuren an Administratiounen ugesidelt. An et schaffen eng 10.000 Leit do, par rapport zu deene 7.000, déi virdrun an den Industrie geschafft hunn, a wou der iwwert déi nächst Joren och nach eng kéier 5.000 wäerten derbäikommen.

D'Uni Lëtzebuerg war vun Ufank un d'Masse critique fir de Projet Belval. Haut ass de Belval méi entwéckelt a méi divers, mee d'Uni bleift awer trotzdeem d'Häerzstück dovunner. Wann ee sech d'parlamentaresch Debate vu virun zéng Joer unhéiert, da fällt op, datt d'Uni deemools ganz kloer Entwécklungsziler hat, wat d'Ziel vun de Studentinnen an de Studenten an de Mataarbechter ugeet. Wéi 2011 d'Finanzierungsgesetz fir déi verschidden Unisgebaier duerch d'Chamber gaangen ass, gouf et eng kloer chiffriert Projektion vun 10.000 Leit op der Uni bis 2020. Dat gouf och ongeféier erreicht, mat iwwer 6.700 Studenten an 1.600 Leit, déi do schaffen. Dat stoung och esou am Rapport vun 2020.

Ech hätt elo eng Fro – an ech kucken eng kéier ronderëm –, well an deem Kontext wollt ech den Här Héichschoulminister froen, ob d'Uni aktuell och nach esou mëttel- a laangfristeg Projektione mécht, ob a wéi se weider soll entwéckelt ginn. Ech mengen hei natierlech net déi akademesch a qualitativ Entwécklung vun der Fuerschung, mee ech schwätze vun der quantitativer Entwécklung, wat u sech méi en Impact huet op den urbane Raum.

Eng zweet Fro, déi ech un den Här Minister hätt, betrëfft d'Studentewunneng vun der Uni Lëtzebuerg. Fir de Belval nach méi lieweg ze gestalten, wier et sécherlech wëschenswert, wann nach méi Studenten a Studentinnen géifen dohinnerkommen. An deem Sënn wollt ech froen, ob weider Studentewunnengen um Belval oder ronderëm geplangt sinn a wat de Besoin u sech esou Wunnenge wier.

Et wunnen awer natierlech net nëmme Studenten a Studentinnen um Belval. Insgesamt gëtt et um Site méi wéi 1.000 Wunneenheeten an iwwer 3.000 Leit, déi do wunnen, e Chiffer, deen och nach soll op 7.000 eropgesat ginn. Dat sinn also ronn 20.000 Mënschen, déi sech dagdeeglech op de Belval, duerch de Belval a fort vum Belval beweegen.

D'Dezentraliséierung souwéi d'ekonomesch Neiausrüstung an d'Dynamiséierung vum Süden, déi mam Projet Belval sollt lassgetrëppelt ginn, huet sécherlech d'Erwaardunge vu ville Leit iwwertraff. D'Dezentraliséierung ass awer net nëmme essenziell fir d'Dynamiséierung vum Belval an dem Süden, mee duerch

d'Implantatioun vun neien Aarbechtsplazen an Administratiounen an der Südregioun gouf och d'Distanz zwëschen Wunnen, Schaffen a Fräizäit fir esou munchere reduzéiert.

D'Dezentraliséierung ass also eng Deelantwort op en enormen ekologeschen Defie, mat deem mir konfrontéiert sinn an deem u sech scho vun Ufank an esou ugeduecht sollt sinn. Ech schwätzen natierlech och vun anere Krisen, déi nach méi pertinent sinn haut wéi virun 30 Joer. Dat sinn d'Klimakris an d'Biodiversitéitskris, déi u sech d'Liewensfäegkeet vun den zukünftigen Generatiounen, net nëmme do, mee iwwerall, op d'Spill setzen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Friche sinn dacks, an dat ass e Gléck, eeben duerch hiren industrielle Passé ganz gutt oder meeschtens gutt un d'Transportnetzer ugebonnen. Och um Belval war et net anescht, well mir haten do och schonn eng Achs, déi virgeluecht war.

D'Ubannung un den Zuch an d'Schafe vun enger ee-gener Gare war d'Kärstück vum Projet Belval, mee wann een duerch de Belval geet, ass net ze verkenne, datt trotzdeem leider den Auto nach ëmmer hei am Mëttelpunkt steet. An aus urbanistescher Siicht an awer och aus grénger Siicht fanne mir dat immens schued, datt esou vill Wäert drop geluecht gëtt, datt den Auto hei seng Plaz huet. Virun allem d'duuss Mobilitéit, also de Vëlo an de Foussgänger krute virun 20 Joer leider net déi néideg Plaz, déi si hätte kréie sollen.

D'Mobilitéitsplanung ass an eisen Ae sécherlech eng vun deene gréisste Kannerkrankheite vum Projet Belval, wou virun 20 Joer beim Ausschaffe vum Masterplang nach net déi richteg Léieren aus dem Aménagement vum Platto Kierchbiérg gezu goufen. Wa mir haut nach eng kéier kéinte bei null ufänken, da géife mer sécherlech – an net nëmme mir, mee bestëmmt jiddereen, hoffentlech – ganz anescht plangen.

Fir eis Gréng ass kloer, datt et an der Mobilitéitsplanung net méi dierf dréms goen, fir méiglechst vill Gefierer kënnen duerch e Quartier an an engem Quartier ze beweegen. Neen. Mir mussen d'Mënsche beweegen. Dat kléngt vläicht ganz banal, mee planeesch ass dat eng enorm Revolution, déi mëttlerweil hiren Impact an dem Nationale Mobilitéitsplang fonnt huet an och à la base vum neie PNM, dem Plan national de mobilité 2035, steet.

Genee wéi eist Land net stoe bleift a sech weiderentwéckelt, wäert sech och de Belval mat dem Minett sécherlech weiderentwéckelen. An dat packe mir nëmme, wa mir an Zukunft nach besser plangen, nach besser bauen, déi besteeënd Infrastrukturen nach besser notzen an ergänzen. Nëmme esou wäerte mir et fäerdegbréngen, méi Mobilitéit amplaz méi Verkéier ze schafen. An dat gëllt och fir de Belval, fir datt desen zentrale Minettquartier mat der Uni a mat de Fuerschungsinstituter, mat sengem Kultur- a Fräizäitpol, mat senger Geschäfte a Betriber a mat sengen Awunner sech iwwert déi nächst 15 bis 20 Joer soll och méiglechst nohalteng entwéckelen.

An hei si vun der Regierung och scho wichteg Jalone gesat ginn: Fir d'Mobilitéit a Richtung Belval, mee och am ganze Süde sinn drastesch Verännerungen a Verbesserungen virgesinn. Eng dovunner ass de schnellen Tram, deen de Site Belval mat der Cloche d'Or soll verbannen: 13 nei Tramsstatiounen, ronn 18 Kilometer Streck a 5 nei Pôle-d'échange souwéi 20 nei Stroosprojeten.

Da kënn nach den alleréischte Vëloexpresswee vum Land derbäi – ronn 30 km –, e gesécherten individuelle Vëloswee. An esou gëtt en natierlech eng Alternativ, fir an d'Stad ze kommen an op den Tram,



Zuch oder den Auto ze verzichten. Dann eng sécher Vëlosverbindung vun Esch op Belval an eng grenziwergreifend Vëlospist, déi den Ökoquartier Mischeville bei Audun-le-Tiche mam Belval verbanne wäert. An natierlech och nei a performant Busverbindung per BHNS, Bus à haut niveau de service, mat villen Arrëten op franséischer a Lëtzebuurger Säit, fir do och d'Offer fir de grenziwergreifenden öffentlichen Transport weesentlech ze stärken.

Vu datt d'Ubannung vum Belval un den öffentlichen Transport, mee och a puncto Mobilité douce an den nächste Jore wäert massiv verbessert ginn, wollt ech hei op dëser Plaz de Mobilitätsminister froen: Wou ass de lafende Projet vun der Vëlospist zwëscht Belval an dem Zentrum vun Esch, mat där längster Vëlosbréck an Europa, drun? Wéini ass mat der Ouverture vun dëser wichteger Vëlosverbindung ze rechnen? Wéi ass haut de Modalsplit um Site Belval virgesinn? Inwiefern wäerten d'Mobilitätskonzept fir de Belval an de Modalsplit iwwerschafft ginn, fir dem Changement Rechnung ze droen an d'Mobilité douce mat am Mobilitätskonzept weider ze stärken?

Ech denken, et kéint een och duerchaus en neien, iwwerschafften an innovative Mobilitätskonzept maachen an dovunner profitéieren zu deem Moment, fir déi öffentliche Plazen och nei ze gestalten, fir deem ganze Site en neien Impuls ze ginn an och de Biergerinnen a Bierger eng besser Liewensqualität unzëbieden. Wéi gesäit den Här Minister dat?

Op jidde Fall sinn ech der Meenung, datt mir mat dëse Verbesserungen eng méi kohärent an effikass Mobilitéit fir de Belval, mee och fir de ganze Süde wäerten entwéckelen, déi engersäits eng Äntwert op grenziwergreifenden Urbanismus gëtt an anerersäits och d'Ziler vum Paräisser Ofkommes ënnerstëtzt.

Wann ech iwwert d'Äntwerten op d'ökologesch Defie vun der Klimakris a Biodiversitéit schwätzen, da muss ech, niewent dem Mobilitätskonzept, natierlech och op d'Klimaresilienz an d'CO<sub>2</sub>-Bilanz vun de Quartieren agoen.

Den éischte Cahier des charges vum Belval huet explizit no nohaltegem Bauen an dem Asaz vun erneierbaren Energië gefrot. Nohaltegkeet war duerchaus en Thema, schon deemools. Mee et ass och kloer, datt eis Ufuerderungen an Ambitiounen, wat d'Nohaltegkeetskrittären an der Planung ugeet, haut aner si wéi virun 20 respektiv 25 Joer.

Fir eis Gréng ass haut op jidde Fall ganz kloer: Wann d'öffentlech Hand baut, da muss se sech haut no de Prinzippe Zero CO<sub>2</sub>, Zero Waste an autofräi richten. An an deem Beräich huet d'Regierung och nogestëzt. Och wann déi Verbesserungen u sech net wierklech visibel sinn, wann een duerch de Belval trëppelt, sou hu mer schon 2018 eng wierklech grouss Fotovoltaikanlag op dem Daach vun der Rockhal opgebaut, deem éischte vu fënnf öffentliche Gebaier, dat domadder ausgerüst gouf. Déi weider sinn: de Lycée Bel-Val, d'Maison du savoir, d'Maison des sciences an d'Maison de l'innovation.

A bei neie Baute sinn energieeffizient Standarde souwuel bei Wunnenge wéi och a Bürosgebaier allgemeng verstärkt ginn. E gutt Beispill heifir wäert dat neit Gebai vun den Nationalarchiven um Belval sinn, wat u sech en Energie-Plus-Gebai wäert sinn. Am Kloertext heescht dat, datt d'Gebai selwer méi Energie produzéiert, wéi et selwer iwwerhaupt ka verbrauchen.

Och wat d'Begrëngung am Quartier ugeet, hu sech urbanistesche Iwwerleeunge weiderentwéckelt, esou de Konzept vun engem grouse Park an der Mëtt vum Quartier, als gréngt Häerz a Reservoir u Biodiversitéit, wou d'Awunner vun de verschiddenen Deeler

vum Belval kënne zesummefannen, fir hir Fräizäit ze verbréngen an och Energie ze tanken. Och d'Waassertrap am Park ass eng ganz eenzegaarteg Aart a Weis, fir Reewaasser aus de verschiddenen Deeler vum ganze Quartier opzefänken an esou Waasseramangementer a Landschaftskonzepter mateneen ze verbannen.

An Zukunft wäerte mir duerch d'Klimakris extreemt Wieder wéi Staarkreen an Hëtzwelle méi heefeg a méi intensiv kréien. Urbaniséiert a bebaut Arealer si vun dëse Phenomeener ganz besonnesch betraff, well eeben hei ganz laang ze vill op Bëton, minerallesch Biedem, minerallesch Surfacen an Asphalt gesat gouf. Wann een d'Staarkreenkaarte kuckt oder déi rezent Analysé vun Hëtztinselen hei zu Lëtzebuerg, da gesäit een, datt de Belval – zemools mat senger Cité des sciences – besonnesch exposéiert ass fir Hëtzt, déi stagnéiert am Zentrum dobaussen, an awer och, wann et reent, datt d'Reewaasser net richtig kann opgesaugt ginn an net ka weiderlafen. Dat heescht, dat féiert leider heiansdo och zu Iwwerschwemmungen.

D'Léisung dofir wier: Fir e méi souzese klimaresistenten Urbanismus musse mir vill méi vu grénge Korridore schwätzen, vu Biodiversitéit, déi soll zréck an den urbane Raum kommen, vu Vernetzunge vu verschiddenen diversen an dezentralen Naturberäicher, vu Gréngs um Buedem, um Daach, um der Fassad, op den Terrassen, och op de Balconen, soudatt d'Stroossen hei am Summer kënne gekillt ginn – dat heescht, duerch dat Gréngs – an, wann et vill reent, dat Ganzt dee Moment och kann de Ree wéi e Schwamm ophuelen.

Et sinn d'Prinzippe vum Urbanismus, déi mir an Zukunft net nëmmen, mee eebe grad och bei Aménagement vu groussen Industriebroochen mussen applizéieren fir méi Klimaresilienz, mee och fir eng besser Gesondheet vun deenen, déi do liewen, schaffen an hir Fräizäit verbréngen.

Zousätzlech ass eng dezentral Begrëngung eng gutt Method, fir Liewensqualität an e méi dënsé Quartier mat eranzebréngen. Grad an der Pandemie hu mer gesinn, wéi wichteg et ass, datt d'Leit sech och kënnen dobaussen treffen. Dofir musse Plazen, Parken, Espace-verten an Espace-de-rencontré geschafe ginn.

Eng weider Fro, déi ech hätt, ass – an an deem Sënn wollt ech mech u sech un de Landesplanungsminister adresséieren –, wéi den Aménagement du territoire zu der Ëmgestaltung vun dësem Espace-publicke bäidréit, fir eebe méi klimaresilient kënne ze sinn.

De Belval huet duerchaus vill öffentliche Raim, déi als Zone de rencontre kënne genotzt ginn, wat jo och de Fall ass, zumools am Kontext vum Kulturjoer Esch2022. Mee ech sinn der Meenung, datt mir och déi Zone-de-rencontres an Zukunft besser plange mussen. Wa mir beim Aménagement vun neie Quartieren attraktiv Begënnungsplaze mataplengen, wou mir Notzunge vu virera méi kloer definéieren, dann ass d'Chance méi grouss, datt dës sougenannt Tiers-lieuen effektiv och gutt genotzt ginn.

Um Kierchbiereg hu mer d'Beispill vun der „Quartier Stuff“, wou déi verschidde Leit, déi do wunnen, awer och déi, déi do schaffen, sech kënnen treffen an echangéieren an zesumme kucken, wéi si de Quartier kënne verbessern. Dëst ass eng immens flott Initiativ an ech mengen, et ass eng Iwwerleeung wäert, fir sech net nëmme fir de Belval, mee och allgemeng fir nei Quartieren, déi geschafe ginn, oder allgemeng fir Quartieren déi Fro ze stellen, ob net esou eng Ekip oder eng Persoun soll designéiert ginn, déi u sech déi Aufgab hätt, déi Echangen ze vereinfachen an och den Utilisateuren nozelauschteren an esou Verbesserungsvorschläge fir de Quartier matzedroen.

D'Fro hei un d'Regierung: Inwiefern fléissen Iwwerleeunge zu deene sougenannten Tiers-lieuen an d'Planung vun zukünftege Quartieren an? Wéi kann d'Planung den Zesummenhalt zwëscht de Leit stärken? An inwiefern mécht et fir eis Sënn, eng Persoun oder eng Ekip ze beoptragen, fir sech effektiv ëm d'Convivialitéit vun engem Site ze këmmern?

A wann iwwert d'Stärkung vum Zesummenhalt geschwat gëtt, da wëll ech et och net verpassen, kuerz déi grenziwerschreidend Dimensiounen vun der Planung vun eise Frichen unzeschwätzen. Wéi mer all wëssen, läit de Belval direkt op der Grenz mat den Nopeschlänner, an dat ass sécherlech eng Opportunitéit, fir kënnen d'Mobilitéit, d'Wunnen, d'Schaffen, d'Déplacement an allgemeng d'Landesplanung grenziwergreifend ze konzepéieren. Dat gëtt eisem Land nei Opportunitéiten, déi och en Impakt op déi ganz Region wäerten hunn.

Hei zu Lëtzebuerg sinn an de leschte Joren e puer Prozesser lancéiert ginn, wat d'Entwécklung vun enger kohärenter Metropolregion ugeet respektiv fir konkret Schrëtt a Richtung iwwerregional Entwécklung ze maachen. Ech denken notament hei un de Prozess vu „Luxembourg in transition“, bei deem d'ugrenzend Regione mat consideréiert ginn an Iwwerleeunge gemaach ginn, wéi mer sollen d'Landesplanung an Zukunft besser maachen. Et ass och schon eng Roadmap vu siwe Prinzippien entstanen, déi d'Landesplanung vun der Zukunft soll souzese guidéieren.

A méi rezent natierlech och déi lëtzebuergesch-franséisch Kollaboratioun am Développement vun der Internationaler Bauausstellung Alzette Belval, der sougenannter IBA. D'Schafung vun abordabele Wunnengen op béide Säite vun de Grenzen ass eent vun den Haaptziler vun dësem Projet. Duerch e méi labere Spillraum sollen hei Pilotprojete mat Vorzeigekarakter entstoën, wou mer u sech nei Wunnformen solle kréien, alternativ Modeller vum Zesummeliewen, méi Densitéit, Multifunktionalitéit vun de Gebaier, an och den Aspekt vun den Tiers-lieue muss hei betruucht ginn.

Ech hätt heizou eng weider Fro: Wou si mir dru mat de Preparative vun der IBA? Wéi ginn d'Aarbechte vu Luxembourg in transition engersäits an d'IBA integréiert an anerersäits awer och an d'Planung vun de Reconversione vun den anere Frichen, déi zu Lëtzebuerg nach zur Verfügung stinn?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir de Belval war d'Ambitioun, aus de Feeler vum Platto Kierchbiereg ze léieren a Konklusiounen ze zéien. Haut, wa mer sollen nei bauen, da musse mer allgemeng Konklusiounen zéien, engersäits vum Kierchbiereg, mee anerersäits och vum Belval. Fir d'Industriebroochen ass een zentralen Aspekt d'Revalorisation, an hei net just mat Bezuch op de Buedem, mee och op d'Erhale vun dem historesche Patrimoine. An der Regierung, mee och heibanne ware jo am Ufank an am Laf vum Projet ëmmer nees méi oder manner passionéiert Diskussiounen iwwert d'Erhale vun den Zäitzeie vun de Stolwierker gefouert ginn.

Wann een haut um Belval ukënn, gesäit een awer direkt, datt et de Patrimoine ass, deem dem Site säi besonnesche Charakter ausmécht. Et freet mech dofir besonnesch, datt och grad dës restauréierte Patrimoine um Belval am Zentrum vum Kulturjoer Esch2022 steet.

Besonnesch wichteg bei enger moderner Approche zur Erhaltung vum Patrimoine ass d'Notioun vun der Valorisation. Niewent dem Wiessel vun enger no-dréiglecher zu enger proaktiver Approche war dëst déi zweet grouss Neierung am Patrimoinengesetz, dat mer och dëst Joer konnten an der Chamber stëmmen.

Et geet beim Erhale vum Kulturierwen also haut net nëmmen drëms, fir eppes stoen ze loosse, mee et geet drëms, et notzbar an erlieftbar ze maachen, et souzesoen „en valeur“ ze setzen. Et geet net drëms, fir alles ze halen, mee fir Kompromisser ze fannen zwëschent der Erhalung vum der Vergaangenheet an der Entwécklung vum der Zukunft.

Och bei zukünftege Frichen ass et dofir richteg a gutt, datt eng Debatt gefouert gëtt a Kompromisser agaange gi fir ze kucken, wat mer eisen nächste Generatioun loosse sollen. Am Kader vum der Ëmsetzung vum dem Patrimoinegesetz hunn d'Experte vum INPA, dem fréiere Sites et monuments, elo déi nei Methoden a Moyenen, fir systematesch an op objektiver Basis kënnen de Patrimoine ze klasséieren.

Ech si frou, datt d'Regierung mam Quartier Esch-Schëffleng – an hei profitéieren ech vläicht fir ze soen, datt et net méi Esch-Schëffleng heescht, mee „Metzeschmelz“ – eebe grad op dese Wee geet, fir den industrielle Patrimoine vum Ufank un an der Planung matablëssen ze loosse. Voilà, ech hat et hei notéiert: „Metzeschmelz“. Esch-Schëffleng ass nämlech eng vun deene Plazen, wou mir innovativ urbanistesche Iddien a Wunnvirstellunge kënnen ëmsetzen, ouni dofir weidere Landverbrauch ze maachen.

Wou de Belval eng gewësse Mixitéit u Funktiounen an Aarbechtsplaze bitt, wäert Esch-Schëffleng vill Wunnraum ubidden, wou eng ronn 10.000 Awunner sollen en neit Doheem fannen. Den neie Quartier huet d'Ambitioun, fir e Modell ze gi vum Quartier vum der Zukunft a fir eis Visiounen ze verwierklechen, wat Mobilitéit ugeet, Integratioun vu Fräizäit, Schaffen a Wunnen, Klimaresilienz an och Energieeffizienz. Et gëtt en autofräie Quartier. Et soll Mobilitéit ugebuede ginn, ouni datt all Persoun hei en Auto brauch. Mat Parkplazen um Bord vum de Quartieren, Carsharing, awer och Vëlosharing wäert d'Liewen aneschtens organiséiert ginn, wéi mer dat bis elo kennen.

Wa mir keng Autoen a Parkplazen am Quartier selwer hunn, hu mer dann och méi Plaz, fir ekologesch wäertvoll Interventiounen an de Quartiere selwer ze integréieren. Esou gëtt et en ekologesch an ekonomesch innovativ Quartier, wou d'Prinzippe vum der Kreeslafwirtschaft integréiert sinn a wou d'Konnexioun mat den ëmleiden Naturschutzgebiddern vu virera geplangt gëtt.

30 % vum de geplangte Wunnenge wäerten abordable Wunnraum ginn. Renaturéierung, Äerdwiermt, Fotovoltaik, Solarthermie, Energiegemeinschaften, Kooperativen, alles dat si Sujeten, déi hei wäerten am Mëttelpunkt stoen. Eng konsequent Begleedung vum der Effentlechkeet, wou d'Bierger an d'Biergerinne sech kënnen dës le départ matabannen, fir de Quartier eeben no hirem Goût ze gestalten.

Mat der Viabiliséierung vum der Friche Esch-Schëffleng wäert e komplementäre Pendant zum Belval geschafe ginn, de Süde weider dynamiséiert ginn an d'Zesummeeréckele vu Wunnen, Schaffen a Fräizäit an der Minettregioun wäert zu enger richteger Referenz ginn.

Här President, de Robert Garcia hat also Recht, wéi en op dëser Tribün virausgesot huet, datt d'Entwécklung vum der Minettregioun mat der Entscheidung iwwert d'Zukunft vum den Industriebrooch steet a fällt. Haut wësse mer, datt d'politesche Decisiounen fir d'Revalorisatioun vum de Brooch richteg a wichteg waren. Et muss eis haut drëms goen, déi bekannte Feeler bei den nächste Projeten ze vermeiden an déi positiv Elementer ervirzehiewen.

Ee vun deene Rotschléi, déi mäin illustre Virgänger bei den Diskussiounen ronderëm d'International-Stararchitekt-Projeten, wéi zum Beispill eise Pei-Musée – vläicht besser bekannt – oder d'Philharmonie

oder nach d'Rockhal, ginn hat, war, datt mer zu Lëtzebuerg missten ophalen, systematesch fir d'éischt an de Bëton, de Stol an d'Magny doré ze investéieren an eis dann eréischt Gedanken ze maachen, wat an de faméise Strukture soll passéieren.

*(Interruptions)*

Haut erlaben ech mer, nach bäizefügen, datt bei engem Konzept nach muss beduecht ginn, wéi den Ëmweltimpakt ausgesäit an och, wéi d'Liewensdauer vum engem Gebai wäert sinn. Trotzdeem ass et wichteg, eis bei all Projet och ëmmer nees déi Fro vum Inhalt ze stellen, an net just no der Form ze kucken, souwuel bei deenen eenzelne Gebailechkeete wéi och fir ganz Quartieren a Frichen. Et ass elementar wichteg, direkt vum Ufank u kloer Prinzippien an Ziler ze hunn, wéi d'Liewen an engem Quartier oder an engem Gebai soll ausgesinn.

Weider ass et wichteg, datt d'Diskussiounen iwwer kruzial Strategien a Choixen fir muer effentlech gefouert ginn. Et soll een och schonn an der Konzeptionsphas, dat heescht méiglechst fréi, och all déi betreffen Acteuren an déi zukünftege Notzer vum Quartier oder vum Gebai matabannen, well nëmmen esou kann een den Erwaardungen an den effentleche Besoinen och gerecht ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Ahmedova.

Als éischte Riedner ass den honorablen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Marc Spautz (CSV)** | Merci, Här President. Ech weess elo net, ob ech soll ufänke mat Metzeschmelz oder ob ech soll ufänke mat Belval, well ech hunn d'Chance, als Schëfflenger och bei der Entwécklung vu Metzeschmelz a verschiddene Punkten derbäi ze sinn. Mee fir d'Alleréischtt wollt ech der Madamm Ahmedova – oder dem Här Garcia, ech weess net, wien vum deenen zwee – villmools Merci soe fir de Lancement vum dëser Debatt vum haut de Mëtten.

*(Mme Djuna Bernard prend la présidence.)*

E Journalist hei zu Lëtzebuerg, deen och emol eng Zeitung erausginn huet, de Carlo Hemmer, huet eng Kéier gesot: „Lëtzebuerg, e Geschenk vum Stol, Ägypten, e Geschenk vum Nil.“ Dat geet zréck op d'70er-Joren, wéi iwwert d'Entwécklung geschwat ginn ass, wat Lëtzebuerg alles fäerdegbruecht huet, dass et am Fong d'Stolindustrie an de Biergbau waren, déi aus Lëtzebuerg nom Ufank vum 20. Joerhonnert dat gemaach hunn, wat Lëtzebuerg ginn ass. Wuel wësend, dass mer och scho Schmelzen haten, déi uechtzëghonnert-an-déi-fofzeg ugefaangen hunn an déi eréischt virun e puer Joer opgehalen hunn.

Mir haten eng Schmelz wéi Diddeleng. Diddeleng, wou och e Projet amgaangen ass, zwar ënner engem anere Prinzippien an net iwwer Agora. Mee et sinn aner Interessenten, zesumme mat der Diddelenger Gemeng, déi do amgaange sinn, eppes ze maachen. Mir haten d'Schmelz vum Dummeldeng um Territoire vum der Stad Lëtzebuerg, wou och scho verschidde Geschicht ass, wat och sécherlech wäert e grousst Potenzial sinn, fir eng Entwécklung ze maachen. Mir hunn Déifferdeng, wou scho verschidde Saachen zréckgestuut gi sinn, wou och aner Industrien op deem Site ugelagert gi sinn. Mir hu Schëffleng, wou de Projet elo ass mat der Metzeschmelz. Mir hu Belval.

A mir hu Rodange, wou och emol eng Kéier en Agora-Projet gelaf ass, deen awer duerno vum der Agora

leie gelooss ginn ass a wou een och muss wëssen: Am Fong déi éischt Industriebrooch, wou iergend-eppes geschitt ass, dat war Rodange. Dat war de Pôle européien de développement. Ech mengen, den Här Bausch ... Wann ech soss heibanne kucken, wien de Moment heibanne sinn, et sinn der och soss nach hei an dem héijen Haus, déi déi Zäit schonn do waren, wéi deemools de Pôle européien de développement geschaf ginn ass, fir op der Industriebrooch Rodange, zesummen zwësche Lëtzebuerg, Frankräich an der Belsch, en neie Projet ze maachen, fir eng nei Entwécklung ze maachen, fir Industrien unzesidelen a fir och do deem Terrain erëm en neie Wäert ze ginn. Wou ee muss ënnersträichen: Op Lëtzeburger Säit ass e bëssen eppes geschitt, mee op der franséischer an der belscher Säit hat et nawell den Hick, bis et ukomm ass.

A mir hunn d'Terres Rouges, déi Industriebrooch, déi schonn am längsten do ass, wou awer elo iwwer eng Privatinitiativ och amgaangen ass, eppes ze geschéien.

De Pôle européien de développement gouf an den 90er-Jore gestart vum Jean-Marie Halsdorf sengem Virgänger, dem René Putzeys, wou deemools vu Lëtzeburger Säit aus probéiert ginn ass, nei Plazen dohinnerzemaachen, wou iwwer eng aner Besteierung nodeduecht ginn ass, fir an där ganzer Zon iwwert déi dräi Länner ewech ze diskutéieren. Ech soen dat do, well ech nach gären eng Kéier beim Belval op d'Groussregioun an op dat Grenziwwerschreidend zréckkommen. Dofir wëll ech un dat do erënneren.

Belval, e Site, dee vun 1909 bis 1912 vum Gelsenkirchener – Schalke 04, fir déi Leit, déi dat soss besser kennen – ...

*(Brouhaha)*

... Bergwerksverein gegrënnt ginn ass. Dat waren déi, déi ugefaangen hunn do mat Héichuewestol. An et ass bis 1997 Héichuewestol do zu Belval gemaach ginn.

Do ass och eng technesch Entwécklung gewiescht. Mir haten och dräi Héichuewestol deemools zum Schluss. Et waren dräi Héichuewestol, déi déi sechs Héichuewestol vu virduen ersat hunn. Dat waren den Héichuewestol A, 1965 gebaut, den Héichuewestol B, 1970 gebaut, an den Héichuewestol C, 1979 gebaut. Wou ee muss wëssen: Den A an de B, déi stinn nach do, op d'mannst d'Silhouette vum deenen zwee. Déi stinn nach do. An den Héichuewestol C ass 1979 gebaut ginn, mee deen ass duerno u China verkaaft ginn.

Wéi d'ARBED d'Decisioun geholl huet, opzuehalen mat Héichuewestol an den Elektrostol iwwerzegen, huet sech natierlech iwwerall d'Fro gestallt op deene jeeweilege Sitten: Wat bedeit dat a wéi geet et elo viru mat all deenen Terrainen?

Et sinn Diskussiounen gewiescht ëm d'Erhale vum deene Sitten. Ech erënneren drun – wann ech mech nach richteg erënneren, ech weess et awer net méi, ob et den Här Bausch war, mee ech mengen –, wéi mer de Projet hate vum dem CNCI an dem Erhale vum den Héichuewestol um Belval, wou och nach net nëmme sollten d'Héichuewestol erhale bleiwen, mee wou och zwëschent déi zwee Héichuewestol nach sollt e Kulturzenter kommen, deen herno de Budgetsmoyenen zum Affer gefall ass.

Ech weess nach, deemools war de Michel Wolter Landesplanungsminister an den Henri Grethen war Transportminister, an dass déi deemools zesumme mat de Buergermeeschteren Fred Sunnen vu Bielea an – eng Madamm, déi nach heibanne sëtzt – Lydia Mutsch vum Esch d'Initiative geholl hunn, fir déi Zon kënnen ze entwéckelen. Wouriwwer och deemools



schon nageduecht ginn ass, dat war net den Tram, mee dat war nach en Zuch, fir do eng Ubannung ze kréie vu Lëtzebuerg bis op de Belval mat engem Zuch, fir dass do d'Méiglechkeet wier, fir déi Verbindung direkt hierzustellen. An dat sollt net en Zuch sinn, deen dann zu Schëffleng, Nierzeng a Beetebuerg, Bierchem géif stoe bleiwen, mee déi Verbindung do sollt iwwer Leideleng a Steebrécke gemaach ginn.

Et muss een och drun erënneren: De Michel Wolter an den Henri Grethen hatten am Ufank net nëmme Frënn hei an dësem Haus. An an dësem Haus waren och oft schwéier Debatten, wéi et ëm d'Entwécklung vun där doter Zon gaangen ass. An notament dee Punkt vun dem Sëtz vun der Universitéit, ob déi sollt op Belval kommen oder net, dat war heibannen an dësem héijen Haus an och an der deemoleger Regierung nawell eng ganz hefteg Diskussioun. Et war bei deenen aus dem Süden op alle Fall eng grouss Freed, wéi en Diddelenger Meedchen, wat awer am Zentrum Politik gemaach huet, d'Erna Hennicot, konnt ukënnegen, dass d'Universitéit géif op de Belval kommen.

Well et muss ee wëssen, dass am Ufank déi Begeescherung fir de Belval op verschidde Plazen net esou grouss war, wéi et haut oft den Uschäin huet, wann een d'Diskussiounen héiert, mee dass et do am Fong éischter war: „Firwat solle mer dann elo an de Minett goen?“ An dat war souwuel fir de Belval wéi fir Diddeleng wéi fir Déifferdeng an och fir Schëffleng de Fall.

Gläichzäiteg ass och eng Diskussioun hei gefouert ginn – a verschidde Kolleegeen, déi méi stänneg heibannen, kënnen sech drun erënneren – iwwert de 700.000-Awunner-Staat, wou verschidde Leit gesot hunn: „Ma deejéinegen, deen dat gesot huet, deen huet se net méi all, fir esou hei wëllen eng Visioun an d'Welt ze setze vum 700.000-Awunner-Staat!“ Dir Dammen an Dir Härën: Mir sti kuerz virdrun!

Ech weess, wéi den Här Bausch duerno eng Kéier vun 1,2-Milliounen-Awunner-Staat geschwat huet, war d'Raunen heibannen am Sall net méi gradesou grouss. Ech wëll net soen, dass et schonn en Acquis war, mee domadder war awer scho bei ville Leit déi Iwwerraschung net méi esou grouss, wéi dat bei dem 700.000-Awunner-Staat war.

Dann hate mer och 2004 heibannen eng Kommissioun gegrënnt, eng extra Kommissioun, si huet „RTL“ geheescht – et hat awer näischt mat Radio Lëtzebuerg ze dinn. Mee dat war d'Reforme-territoriale-Kommissioun, wou ënnert der Presidence vum Michel Wolter während deene fënnef Joer och laang diskutéiert ginn ass iwwert den IVL an iwwert d'Landesplanung am Allgemengen, wou et och wichtig war, deemools schonn ze kucken, wou mer déi eenzel Saache géifen usidele fir ze kucken, dass mer eng industriell Entwécklung hätten, fir deen Terrain, deen do war, net einfach broochleien ze loossen, mee do eppes drop ze maachen.

An et war eng Lëtzeburger Bank, déi eelst Lëtzeburger Bank – si heescht zwar haut anescht, mee d'Gebai steet nach ëmmer do –, där een am Fong muss Merci soen, well si waren déi Éischt, déi d'Decisioun geholl hunn, fir do ze bauen. Well am Ufank war och eng Retizienz, net nëmme bei der Politik, mee duerno, wéi dat bis duerch war, war och eng Retizienz bei deenen éischte Leit, fir dohinnerzegoen. An et muss een ëmmer soen, dass déi Lëtzeburger Bank, déi eelst, déi och selwer huet dierfe Suen erausginn, déi Decisioun geholl huet, um Belval ze bauen. An domadder ass dee ganze Projet e bësse méi séier an d'Diskussioun komm.

Duerno ass d'Decisioun vun der Uni gefall, wéi d'Cité des sciences komm ass. De Lycée Bel-Val, d'Rockhal,

wou och vill Leit net wëssen, dass am Ufank vun der Rockhal net déi nei Rockhal gemengt gi war, mee dass dat sech och oft op d'Hal vun „All We Need“ oder déi al Gebléishal bezunn huet, dass dat am Fong déi éischt Iddi war, fir d'Rockhal dohinner ze bréngen.

Dat ass am Fong eent vu menge Suergekanner an dofir och direkt meng Fro un de Minister vun den Travaux publics: Wat geschitt mat där Gebléishal? Well fir eis ass et wichtig, dass déi Gebléishal erhalen bleift. Ech mengen, all Mount an all Woch, wou se nach do steet an et ass näischt geschitt, ass net gutt fir se. Eng Zäitche war jo emol d'Fourrière dran. Mir hatten déi super Ausstellung „All We Need“ dran. Et ass och do wichtig, dass dat Stéck vun der Lëtzeburger Industriegeeschicht erhalen bleift.

Wa mer haut op Belval kucken, dann ass et eng Mëschung vun Universitätsvéierel, vun enger Dénsgschtleeschtungsgesellschaft, vu Shoppingmall, vu Bildung, Sport a Kultur, a wou de Wunnengsbau elo emol am Ufank net gradesou ausgeprägt war, wat awer déi lescht Jore massiv geschitt ass, souwuel op der Escher wéi och op der Bieleesser Säit, a wou och elo ...

(Interruption)

Suessem! Pardon, Madamm Buergermeeschter vun der Gemeng Suessem.

... do de Wunnengsbau amgaangen ass gefërdert ze ginn. An do ass et och wichtig, dass ee sech och eens gëtt bei deene Lächer, déi nach do sinn, wat do alles soll vu Projekten nach hikommen a wat do nach gebraucht gëtt.

Duerch Esch2022 huet de Belval jo och eng international Propaganda kritt, well jo och op ville Plazen – an Däitschland an an der Belsch, a Frankräich – iwwer Esch2022 bericht ginn ass. An all déi Kolleegeen, déi jo d'Chance hatten mat derbäi ze sinn, wéi d'Ouverture war: Et war dach schonn impressionnant, wéi déi Feier um Belval stattfont huet, wéi do d'Kulturjoer 2022 gestart ginn ass.

Et ass elo d'Entwécklung vum Central Square, déi amgaangen ass. Et ass op där anerer Säit mat de Wunnege Belval Süd, wou eppes gemaach gëtt. An dann d'„Prunkstéck“, soen ech elo emol, wat vum Staat do investéiert gëtt, dat sinn d'Archiven, mat engem Präis vu 77,3 Milliounen, wat mir jo, dës Pleniëre, 2020 heibannen och gestëmmt hunn.

Dat just eng Kéier, fir och de Kontext ze setzen. Ech wëll och soen, Madamm President, ech maachen alles ausser dem Volet Universitéit. Dee mécht déi fréier Héichschoulministesch, d'Madamm Hansen wäert do méi drop agoen.

Hei ass et nämlech och nach eng Kéier wichtig, fir d'Missioun vum Fonds Belval ze ënnersträichen, deen de 25. Juli 2002 duerch Gesetz geschaf ginn ass an deen nach eng Kéier ofgeännert ginn ass de 24. November 2015, wou et jo och de Fonds Belval ass, deen déi ganz Gestéioun vun deem Site soll maachen a wou dann och herno dat alles iwwerholl gëtt, dat och an Zesummenaarbecht mat der Agora, wat jo och d'Entwécklungsgesellschaft ass.

An d'Madamm Ahmedova hat et virdru gesot: Et ass jo och d'Agora, déi mat dran ass an dem Projet vun der Metzschmelz. An et ass och sécher ass, dass ee soll vun deene ... Duerch Feeler léiert ee goen; sou dass een do déi eng oder déi aner Feeler, déi vläicht an der Entwécklung vum Belval gemaach gi sinn, kann zu Esch-Schëffleng verhënnern.

Ech mengen, dass et och wichtig ass, dass de Staat eng Virreiderroll hält bei all deene Konstruktiounen, déi elo nach kommen. Den Här Bausch hat eng Kéier geschwat vun enger héijer energieetescher

Performance, déi misst op Belval kommen, dat och am Kontext vun der Rifkin-Etüd, déi deemools virgestallt gi war, dass dat alles och elo misst do mat erakommen, dass mer intelligent Gebaier bräichten, Null-Energie-Haiser, dass déi och nach misste bei deene Plazen, déi nach fräi sinn, op de Belval kommen.

Ech mengen, et ass och wichtig, dass do de Staat déi Investitiounen hält an dass de Staat de Virreider ass an deene Punkten. Dat kann och derzou féieren, dass duerno d'Privatindustrie, wa se gesäit, dass dat en Erfolgemodell ass, wäert dorop kënnen ëmschalten. Dat ass och gutt fir d'Energieversuergung op deem Site am Allgemengen. Belval war ëmmer e groussen Energieconsommateur, ob dat war zu Héichuewenzäiten oder ob et duerno war zu den Elektrouewenzäiten. Mee dass et och do méiglech ass, mat anere Punkten ze fueren; ob dat mat Geothermie ass, ob dat mat Photovoltaik ass, wat jo och elo op den Archive geschitt – fir all déi Punkten nëmme ze nennen.

Dat selwecht gëllt fir d'ekologescht Bauen, wou ee seet, dass ee weess, wat do gebaut gëtt, dass dat och duerno nach eng Kéier ka benotzt ginn op anere Plazen, wann dat Gebai net méi sollt gebraucht ginn. Et ass och wichtig, dass déi Punkten do och Agang fannen, an domadder och, dass mer do déi Prioritéite setzen.

An nach en anere Punkt, deen ech wëll uschwätzen, wat och wichtig ass – d'Madamm Ahmedova huet vun der Vëlospist geschwat –: dass mer déi besteeënd Quartieren un de Belval ugeschloss kréien. An dat ass souwuel d'Stad Esch, awer och de Quartier Raemerech. Well de Quartier Raemerech ass de Moment komplett isoléiert an deem ganze Pak, an dat sinn nëmme 500 Meter Loftlinn! Mee déi 500 Meter Loftlinn, fir kënnen op de Site ze kommen, dat ass e bëssen e Spill mat Liewen an Doud. Well wann s de do probéiers, ouni Auto dohinnerzekommen – an der jëtzege Situatioun ass dat bal onméiglech, well och deen Zougang de Moment vun där Säit, vu Raemerech aus, net grad deen allerbeschten ass.

Ech hoffen alt ëmmer, dass, wann déi nei Autobunn opgeet, déi nei Stroosseverbindung opgeet, dass da vläicht manner Verkéier um Site selwer ass. Well elo probéieren et déi eng mat alle Mëtteleen ënnert der Unterföhrung erduerch, déi jo mat zwou Piste geet an dann op eemol kënn e Fläschenhals mat enger – an da kënn jo elo gläich déi nei –, an anerer probéieren et hannenerëm, laanscht de Lycée Bel-Val, iwwert de Site, fir méi séier kënnen op d'Autobunn ze kommen. Op alle Fall, ech perséinlech erwaarde mer e bësse Verbesserung, wann déi Strooss bis fäerdeg ass a wann dat ugebonnen ass. Mee et wäert sech da weisen, ob dat duergeet oder ob mer och do nach aner Saache misste maachen.

Da wier et och wichtig, dass – an de Minister Bausch huet et eng Kéier ugekënnegt gehat – déi transfrontalière Verbindung mat Oth geschafe gëtt, wou och do d'Méiglechkeet besteet, fir do en Deel vum Verkéier ze kréien. Et ass jo e risegt Parkhaus gebaut ginn. Déi éischt zwee Joer stoung et zimmlech ganz aleng do, d'Parkhaus. Et hat ee schonn Angscht, et bräicht een et net méi, ausser wa Manifestatiounen waren. Déi lescht Méint huet et sech e bësse geännert. Et ass och elo erméi méi eng grouss Notzung vun deem Parkhaus virhanden.

Dass mer et och fäerdegbréngen op deem dote Site, wéi och op aneren Industriesitten, Bürosgebaier hënnesetze fir déi Leit, eis franséisch, belsch an däitsch Noperen – an deem heite Fall sinn déi Däitsch maner gefuerdert, dat ass méi beim Här Gloden an der

Muselmetropol –, wou et dann drëm geet, duerch den Teletravail a soulaang mer keng definitiv Reegungen dofir fannen, dass Backofficeaarbechte kënnen an der Grenzregioun stattfannen, ob dat um Belval wier, ob dat zu Schëffleng wier, zu Diddeleng wier, Diddeleng-Beetebuerg, oder op där anerer Säit och zu Rodange, dass dat do kéint gemaach ginn, an och zu Gréiwemaacher-Waasserbëlleg, wou mer d'Méiglechkeet hätten, do Büroen ze schafen, fir dass déi Leit net alleguerter massiv probéieren, sief et an d'Stad oder ronderëm de Speckgürtel vun der Stad ze kommen.

D'Fro vun der Zuchstreck/BHNS, déi hat d'Madamm Ahmedova Iech scho gestallt, Här Bausch. Da brauch ech se net nach eng Kéier ze widerhuelen. Wéi séier geet dat? Ass do och herno geplangt, net nëmme Lëtzebuerg–Esch, mee dass et och weidergeet, ech soen elo mol, direkt op Diddenuewen, net nëmme Diddenuewen als Hauptquartier, mee och fir déi Dierfer alleguerter ronderëm? Do stelle mer jo fest an der Sécurité sociale, dass och aus deenen Uertschafte ganz vill Leit op Lëtzebuerg schaffe kommen, fir also och deenen do eng Méiglechkeet ze ginn. Oder wäert et sech just herno op de Korridor Esch–Oth be Grenzen?

Oder sinn do och schonn aner Diskussiounen mat de franséischen Autoritéiten? Si reklaméieren jo soss ëmmer, si hätte gär Saache vun eis. Och dat dote kéint eng Offer sinn, déi dann net finanzieller Natur ass an awer finanzieller Natur ass, mee wou jiddweree kéint dervu profitéieren: eis franséisch Grenzgänger-Kolleegen, déi franséisch Gemengen a gläichzäiteg och mir, doduerch, dass d'Verkéiersachse kéinten entlaascht ginn.

Da stellt sech fir mech nach d'Fro: Wat geschitt alles mat dem Wunnensbau, dee sollt dohinnerkommen? Do si jo och Planungen amgaangen. Do ass virun allem elo mat Belval Süd jo ganz vill geplangt, fir och do, éischters, erschwéngleche Wunnraum ze bauen, mee och Wunnraum net nëmme a grouse Strukturen, mee et ass och méiglech, Eefamiljenhauser opzerrichten; och alles, wat dohinner nach soll kommen.

An dann ee Punkt, wou ech awer guer net mat der – wat heescht „guer net“?, dat ass och falsch –, mee wou ech net gradesou mat der Madamm Ahmedova d'accord sinn: Ech mengen, dass een awer och muss kucken, ob een net nach zousätzleche Parkraum muss schafen. Parkraum, well wann een déi super Gare, déi mer do stoen hunn, huet, a wa mer och duerno de BHNS do lafen hunn, mee et muss een awer och nach ëmmer de Leit d'Méiglechkeet ginn, bis dohinnerze kommen, fir da kënnen op déi Statioun, sief et vum Zuch respektiv vum BHNS zréckzefueren. Mir stelle jo fest, wann elo Manifestatiounen sinn an der Rockhal, dat klappt fantastesch mam Zuch, fir dass do déi Leit och mam Zuch dann dohinnerkommen. Well du bass an zwou Minutte vun der Gare an der Rockhal. A wann s de eng Parkplaz sichts, da braucht de méi laang fir dohinnerze kommen, wéi wann s de mam Zuch kënns. Mee dass mer och do kucken, ob mer awer net nach zousätzleche Parkraum schafe fir déi Leit, déi net un deenen Achsen direkt sinn an och do net kënnen op den Zuch respektiv op de BHNS zréckgoen.

Ech wëll dann och nach soen, dass och nach aner gréisser Projeten ... Meng Kolleegin, d'Octavie Modert, huet 2021 nach eng Kéier d'Diskussioun gefouert, wéi et ass fir Belval-Ouest. A senger Ried huet et nach eng Kéier ënnerstrach, wéi et wier, fir all den Ekipement vun dem Lëtzebuurger Staat an der Konscht..., ob mer deen net sollten op Belval-Ouest usidelen. Wéi steet et domadder? Wéi geet et weider mam Parking souterrain bei der Uni? Mee dorop wäert meng Kolleegin, d'Madamm Hansen, nach agoen.

An da stellt sech natierlech och d'Fro: Wat maache mer mat deem Lycée? Ech mengen, den Innenminister Jean-Marie Halsdorf ... Oder et war net e Lycée, mee et war e Spidol, woufir den Innenminister Jean-Marie Halsdorf deemools mam Secrétaire d'État (veuillez lire: mam Minister) vun der franséischer Regierung, dem Här Mercier, gekuckt huet, fir eng Struktur déi aner Säit ze kréien – dat war deemools op franséischem Terrain, well mer jo wëssen, duerch d'Liaison Micheville, dass op där Säit nach e groussen Terrain ass –, wat herno un der Fro gescheitert ass, ob Lëtzebuurger Statut, ob Lëtzebuurger Krankekeesen, ob d'Personal, wat do schafft, de Lëtzebuurger Statut kritt oder ob dat de franséische Statut kritt.

An do kommen ech dann op dat zréck, wat ech virdu vum Pôle européen de développement gesot hunn: ob et do net méiglech misst sinn, eppes Gemeinsames ze schafen, well dat ass och Entwicklungspotenzial. An ech mengen, d'Decisioun fir d'Spidol ass elo geholl, dat kënn op eng aner Plaz, et kënn op déi aner Säit vum Belval. Mee do, wou déi Iddi war, fir e Spidol ze maachen, kéint een och aner Saache gemeinsam opriichten op deem Terrain, dat am Kader och fir ze weisen, wat d'Groussregioun ass. D'Ministesch vun der Groussregioun huet virdu bei der Äntwert op eng Question parlementaire gesot, wéi wichteg et ass, dass mer d'Groussregioun un d'Liewe kréien. Mir sinn dat eenzegst autonoomt Land an all deene Groussregionsprojeten, déi och vun der Europäescher Kommission ënnerstëtzt ginn. Wa mer do och déi néideg Decisiounen géifen huelen, fir och dovu kënnen ze profitéieren, dat ass gutt fir Lëtzebuerg an et ass gutt fir d'Groussregioun.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Här Spautz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Madamm Presidentin. Den Escher Kulturschaffe Pim Knaff seet ëmmer, wa si zu Esch auslännesch Gäst op Besuch hunn, sief et Politiker, Kënschtler oder soss Visiteuren, dann ass de Belval natierlech ëmmer feste Bestanddeel vun hire Visitten. An d'Reaktiounen, seet en, wieren ëmmer déi selwecht: Vu Verwonderung bis Begeescherung ass alles derbäi. Déi meescht fannen de Site einfach wierklech nëmme genial an eemoleg.

Déi Reaktioun kann ech vollkommen novollzéien. „Eemoleg“ ass wuel dat Wuert, wat de Belval am beschte beschreift. E Projet wéi de Belval gëtt et nëmme eng Kéier hei zu Lëtzebuerg. Et ass eemoleg, wéi sech dee Site am Laf vun der Zäit entwéckelt huet, ugefaange bei enger Industriefriche bis hin zu deem, wat haut do steet. Eemoleg ass och den historeschen a kulturelle Wäert vum Site a wéi dese valoriséiert an an déi nei Quartieren integréiert gouf. A schlussendlech ass och d'Potenzial eemoleg, dat nach op deem Site wäert entwéckelt ginn.

De Site Belval ass duerchaus eng Successstory. Eng Successstory, déi awer nach laang net eriwuer ass. Iwwert d'Joren ewech ass eng exzellent Aarbecht geleescht ginn, fir dohinner ze kommen, wou mer haut sinn. Déi Aarbecht muss elo virugefouert ginn, mat enger klorer Iddi, wou mir wëllen hin, wéi de Belval an zéng, zwanzeg Joer soll ausgesinn.

D'Deindustrialiséierung war fir vill änlech Plazen am Ausland en Doudesurteel, vun deem se sech dacks net méi erkrift hunn. Mir brauchen dofir net méi wäit wéi an d'Grenzregioun kucken ze goen. Zu Lëtzebuerg hu mer et par konter fäerdegbruecht, eis nei ze erfannen an dem Belval eng nei Bestëmmung ze ginn.

Haut gëtt hei d'Eisenäerz vum 21. Joerhonnert gefërdert: déi gro Zellen, d'Ausbildung vun den nächste Generatioun grad ewéi d'Fuerschung, déi Dreier vun Innovatioun ass a besonnesch fir zukunftssträteg Wirtschaftssektoren immens wichteg ass.

Sou hu sech hei an deene leschte Joren och eng ganz Rei un Entreprises aus Beräicher wéi dem IT-Secteur oder och dem Spasesecteur néiergelooss. Dat ass an eisen Ae genee esou, wéi mir eis et virstellen: En dynameschen Ekosystem ronderëm d'Uni an déi verschidde Fuerschungsinstituter, en Ekosystem, dee modern an innovativ Firmen unzitt an zu engem wirtschaftlechen a gesellschaftlechen Hotspot vun der ganzer Regioun gëtt.

Mir schwätze vill vun Dezentraliséierung a vu Stärkung vun de Regiounen. D'Entwécklung vum Belval ass e perfekt Beispill dofir. De Süden ass den drëtten urbane Pol, nieft der Stad an der Nordstad. De Belval kann eng Zort Motor fir d'Entwécklung vun der ganzer Regioun ginn, dat gesi mer haut schonn.

Ech hu vum wirtschaftlechen Aspekt geschwat. Derbäi kommen d'Kultur, mat ënner anerem dem Kulturjoer Esch2022, Commercen a Fräizäitaktivitéiten oder nach d'Implantatioun vun ettlechen Administratiounen. Fir d'Zukunft gëtt et trotzdeem nach vill Chantieren, wéi mer dës Plaz nach méi flott a liewenswäert kënne gestalten. Et gëtt nach vill Potenzial, dat et nach ze realiséieren gëllt.

Als DP stelle mer eis e liewegen, moderne Quartier vir, eng Plaz, wou Leit mat hire Famillje liewen, schafen, hir Fräizäit verbréngen a sech gären ophalen. Ech wäert am Follgende méi genee op déi eenzel Aspekter, déi verschidden Defien a Chancen, déi sech fir de Site Belval an déi ganz Regioun an Zukunft opdinn, agoen.

Här President, viru ronn 100 Joer huet am Süde vu Lëtzebuerg dat industriell Häerz vun eisem Land geschloen, dat de Wuelstand geschaf huet, vun deem mer nach bis haut profitéieren. De Strukturwandel vun enger Wirtschaft, déi um secondair Secteur baséiert, hin zu enger Wirtschaft, déi virun allem duerch Déngschtleeschunge gepräagt ass, huet eist Land, wéi och vill aner Länner, viru grouss Erausforderung gestallt.

Enn den 90er ass de leschten Héichuewen um Belval zougemaach ginn, wourosphi sech natierlech d'Fro gestallt huet, wat mat deene bal 123 Hektar Industriefriche soll geschéien. Et war ënner anerem den Henri Grethen, deemolege Wirtschafts- an Transportminister, deen d'Iddi hat, dës Geleeënheet ze notzen, fir dem Süde vum Land en neit Liewen ze ginn, e Liewen no der Stolindustrie, a gläichzäiteg en zukunftsweisende Projet fir d'ganz Land ze realiséieren.

D'Schafe vun Agora hat vun Ufank un en ambitiéis Ziel: Méi wéi 1 Millioun Quadratmeter sollten nei amenagéiert a bebaut ginn. 20.000 Aarbechtsplazen a Wunnraum fir 7.000 Leit sollten op där aler Industriebrooch geschaf ginn. Schon deemools si sech vill Gedanken gemaach ginn, fir e modernt Konzept auszeschaffen, e Masterplang, deen all denkbare Voleten, vun der Émwelt iwwert d'Wirtschaft bis bei d'Kultur, mat berécksiichtegt. Am Laf vun der Zäit ass deesen ëmmer nees adaptéiert ginn, fir up to date ze bleiwen an nei Iddien ze integréieren. All Projet evolueiert mat der Zäit, a besonnesch, wann et drëms geet, eng Stad vun der Zukunft ze entwerfen, muss een oppe bleiwen an e Projet och kënnen upassen.

D'Decisioun, eng Cité des sciences um Belval ze schafen, stoung vun Ufank un am Zentrum vun den Iwwerleeungen. Eng Decisioun, déi sech als zukunftsweisend erweisen huet, wa mer kucken, wéi eng wichteg Roll Fuerschung an Innovatioun fir eise Standuert



spillen, wat si fir eis wirtschaftlech Entwécklung bedenken a fir eis Capacitéit, Äntwerten op d'Erausforderunge vun haut a vu muer ze ginn. Grad och, wamir vu qualitativem Wuesstum schwätzen, ass dës essential: Aktivitéiten, déi eng Plus-value schaffen, déi net eleng um Wuesstum vun Aarbechtsplazen berout, mee villméi op geeschtegem Kapital, intellektueller Propriétéit an enger héijer Produktivitéit.

D'Uni ass 2015 offiziell op de Belval geplënnert, fir d'éischt mat just e puer zentrale Gebaier, wéi der Maison du savoir an der Maison des sciences humaines. Zënterhier sinn eng ganz Rei weider Gebaier fäerdeggestallt ginn, wéi d'Bibliothék, d'Maison du nombre, d'Laboratoire, fir nëmmen dës ze nennen. Vu just e puer Aarrichtungen am Ufank, e puer Büeroen a Virlesungssäll, si mer haut bei engem groussen, moderne Campus mat Fuerschungsinstituter an den ënnerschiedlechste Beräicher ukomm.

Nieft deene bekannten, wéi dem LIST, dem Luxembourg Institute of Science and Technology, an dem LISER, dem Luxembourg Institute of Socio-Economic Research, gëtt et mëttlerweile och ënner anerem Aarrichtungen, déi sech op Biomedizin, den ICT-Beräich an d'Materialfuerschung spezialiséieren. Dobäi sinn nach weider Instituter fir zum Beispill Agro-Biotechnologie an Ingenieurwëssenschafte geplangt.

Et gesäit een also, et ass e ganz dynamesche Campus, dee sech scho vill entwéckelt huet, awer och nach weider entwéckele wäert. Besonnesch Disziplinne mat grousser Zukunftspotenzial stinn am Fokus, an dat kënnen mir als DP natierlech nëmmen ënnerstëtzen.

Wëssenschaft, Fuerschung, Innovatioun, technologesche Fortschritt, Entrepreneuriat, wirtschaftleche Wuesstum sinn net just onverzichtbar fir eist Land, si ginn och Hand an Hand. E Fuerschungszentrum wéi de Belval zitt dowéinst och ëmmer privat Acteuren un, Betriber, Startuppen, wat duerch den Inkubator vun Technoport och nach eemol ënnerstrach gëtt. Op déi Manéier huet sech iwwert d'Joren e ganzen Ekosystem um Belval etabliert, mat Entrepreneuren aus alle Beräicher.

Et kann ee just e puer Beispiller nennen, wéi zum Beispill eng Firma, déi proposéiert, mat kënschtlecher Intelligenz Diagnosticken am Beräich vun der Santé duerchzuführen, eng aner Firma, déi fir déi Europäesch Raumfahrtagence Sensoren fir d'Observatioun vun der Äerd entwéckelt, an eng drëtt Firma, déi Outillen a Léisunge fir déi energieetesche Transitioun entwéckelt. Dës sinn, wéi gesot, nëmmen e puer Beispiller. Et gëtt natierlech nach vill, vill méi esou innovativ Betriber, déi ronderëm d'Uni installéiert sinn.

De Belval ass also haut schonn e wichtege Zenter, en Entwécklungs- an Unzéiungspol. Fir eis als DP ass kloer, dass dës positiv Dynamik weitergefouert an ënnerstëtzt muss ginn.

Mir schwätze vill vu Wuesstum hei zu Lëtzebuerg, Wuesstum, dee Ressourcë schount, deen nohalteg a qualitativ ass an net just quantitativ. Ma de Belval mat sengem Ekosystem, dee wäit iwwert de Belval eleng erausgeet, ass e Paradebeispill heifir.

Här President, de Belval soll an eisen Aen awer méi wéi just eng innovativ Aktivitéitszon sinn. De Belval ass och méi wéi dat. D'Mixitéit vun de Funktiounen an den Aktivitéiten ass e weesentlechen Aspekt fir e liewege Quartier, fir en nohaltege Quartier, fir e Quartier, wou d'Leit gäre liewen a sech ofhalen.

Fir dass de Belval kee rengen Aarbechtssvéeierel ass, wou den Dag iwwer vläicht vill Leit sinn, well se do schaffen, an esou owes näischt méi leeft, ass d'Entwécklung vum Logement zentral. Et muss ee soen: Et ass an der Vergaangenheet fir d'éischt op

d'Aarbechtsplazen gesat ginn. D'BIL war 2006 eng vun den éischte Firmen, déi sech do etabliert hunn. Aner Betriber a Verwaltungen – an net zulescht d'Uni – hunn nogezunn, ier Wunraum entwéckelt ginn ass.

Et ass wuel richtig, dass de Quartier Belval Nord och scho virun enger Zäit gebaut ginn ass: mee wann Der erlaabt: Deen ass dach awer e Krack méi wäit ewech, an immens gehollef, fir de Belval ze beliewen, huet dee warscheinlech och net. Insgesamt muss ee soen: De Belval war ugangs kee richtig liewege Quartier, mee éischter eng Plaz, wou een alt emol op e Concert gaangen ass, mat Parkingen, Chantieren, Stroossen an e puer aner Gebaier ronderëm.

Zënter d'Uni do ass, huet dat sech geännert. Mee ech mengen, vill Leit hunn nach ëmmer e Bild vum Belval am Kapp als Plaz, déi e bësse sterill ass, wou net vill lass ass, eng Stad aus dem Reagenzglas. Ech si mer duerchaus bewosst, dass dat net onbedéngt de Fall ass. Iwwert déi lescht Joren ass vill gebaut ginn, och wat de Logement betrëfft, et si vill Butteker a Restauranten dohinnerkomm, lues a lues fëllt dee Site sech mat Liewen. A wann ee kuckt, wat nach alles geplangt ass, kann ee just soen, wann dat alles bis Realitéit ass, da gëtt dat e richtig flotte Site.

Um Square Mile, do wou soss alt dee grouse Parking war, soll Wunraum fir 3.000 Awunner geschaf ginn, mat Plaz fir Büeroen, Commercen a Caféen. An der Mëtt, bei den ale Schmelzbasengen, entsteet eng Plaz, fir sech opzehalen, sech ze treffen an ze erhuelen, mat engem Weier a mat Gréngs ronderëm. Et si souguer véier Tiern aus Holz geplangt, eefel Stäck a 40 Meter héich an domat déi héchst Gebaier zu Lëtzebuerg komplett aus Holz. D'Hallschent dovun ass fir Studentewunnengen an déi aner Hallschent fir Sozialwunnengen virgesinn.

Här President, d'Mobilitéit ... Madamm Presidentin! D'Mobilitéit spillt bei esou engem grouse Projet natierlech och eng wichtege Roll. War et vläicht zur Zäit, wéi déi éischt Pläng fir de Belval entworf goufen, nach méi am Zäitgeescht, op den Auto ze setzen, sou wësse mer alleguer, dass déi Zäite lues a lues eriwuer sinn. Den Auto soll eent vu ville Fortbewegungsmëttelen sinn, zu Fouss goen, de Vëlo an den ëffentlechen Transport sollen eng gläichberechtigt Plaz donieft anhuelen. Mir wëlle keng Quartiere méi, déi eleng op den Auto ausgerichtet sinn.

D'Ubannung un den Tram léisst zwar nach e bëssen op sech waarden, mee wann dat bis souwäit ass, wäert dat awer eng reell Plus-value fir de Belval duerstellen – fir op Esch ze kommen, mee och fir bis an d'Stad ze fueren. De Belval wäert op deem Wee immens gutt ugebonne sinn: duerch den Tram, de Bus an och den Zuch.

E weidere wichtege Projet an deem Kader ass natierlech déi nei Vëlosbréck a Richtung Esch. Et ass u sech schonn e bësse verréckt, dass et esou eng Verbindung bis ewell nach net gouf. Op alle Fall kennt déi Bréck elo, dat begrësse mer, a mir fannen natierlech och, dass um Belval selwer d'Konditiounen sollte geschaf ginn, fir déi aktiv Mobilitéit esou gutt et geet ze féerden.

Wann net an engem Véierel, wou jo alles drop ausgeluecht soll sinn, dass et beieneen ass, dass Wunnen, Schaffen a Fräizäit matenee verbonne ginn, ma wou sollte mir dat da soss maachen? Dat ass net just nohalteg, et ass och e Stéck Liewensqualitéit, wann eeben net iwwerall den Auto gebraucht gëtt. Gengeesou ass et wichtege, Noerhuelungsgebiddere ze schafen, mat vill Natur, fir sech ze erhuelen, seng Fräizäit ze verbréngen, spréich d'Batterien opzelueden.

Och an där Hisiicht muss ee soen, dass dës Iwwerleeungen dës le départ mat an d'Konzeptioun agefloss

sinn, mam Resultat, dass et haut scho vill Gréngflächen, Parken, Spillplazen et cetera gëtt, wéi d'Waassertrap an de Park „Um Belval“.

Dat bedeit awer net, dass net nach Loft no uewen ass. Als DP fanne mir et zum Beispill wichtege, dass och hei iwwerall do, wou et méiglech ass, Solarpanelen op den Diecher installéiert ginn. Donieft kéint een duerchaus vill méi konsequent op Begrëngunge setzen, op den Diecher, op de Fassaden an op den ëffentleche Plazen.

Um Belval ass effektiv zimmlech vill Bëton, Steng a Stol. A grad am Kader vum Klimawandel ass et wichtege, genuch Gréngflächen ze schafen, vu dass dës och eng Killfunktioon hunn. Sou spuert een net just Energie, mee et mécht een déi Plaz och direkt vill méi aluedend, fir sech dann do opzehalen.

Et kann een duerchaus soen, dass hei eppes wéi d'Stad vun der Zukunft entstoe soll. Op alle Fall wënsche mir eis als DP, dass hei profitéiert gëtt, fir nei an innovativ Weeër ze goen, zumools am Beräich vun der Nohaltegkeet.

Här President, ech sinn elo schonn ... Madamm Presidentin! Die Macht der Gewohnheit – et deet mer leed! Madamm Presidentin, ech sinn elo schonn op vill Aspekter agaangen. Ech wëll nach kuerz ee leschte wichtege Volet uschneiden, deen awer wierklech am Zentrum vun dësem Projet steet. Vun Ufank u war kloer, dass d'Kultur eng extra Plaz géif kréien. An déi krut se och: Egal wou een haut um Belval ass, gëtt een un déi histoiresch Bedeutung vun där Plaz fir eist Land erënnert. Den industrielle Patrimoine, mat sengen Héichiewen, der aler Gebléishal an der Mëllerei, gëtt dem Belval säin eenzegaartege Charakter a Flair, deen een och 100 Joer duerno nach erkenne kann.

Bei der Entwécklung vum Site ass besonnesch Wäert drop geluecht ginn, dat Aalt mam Neien ze verbanne an déi al Iwwerreschter vun der Schmelz an déi nei Cité des sciences ze integréieren, wat wierklech méi wéi gelongen ass.

D'Rockhal war dobäi och eent vun den alleréischte Gebaier, déi gebaut goufen. Dat weist, dass vun Ufank un den Akzent op d'Kultur geluecht ginn ass. De kulturelle Wäert vum Belval selwer an der ganzer Regioun ronderëm ass och duerch d'Ernennung zur europäescher Kulturhauptstad unerkannt ginn, wat aktuell voll amgaangen ass.

Nieft der Auszeechnung vum Belval stellt d'Kulturjoer awer virun allem och en neien Elan duer, en neie Schwong, deen dem ganze Süden iwwert d'Grenzen eraus eng nei Dynamik an Attraktivitéit soll ginn.

Ech wëll elo net ze vill an den Detail vun Esch2022 agoen, mäi Kolleg an Escher Kulturschäfte Pim Knaff kéint Iech vill dozou soen. Et ass virop en immens wichtege Projet fir Esch, fir de Belval a fir déi ganz Géigend an d'Zil ass et natierlech, dass een och eng dauerhaft Plus-value fir de Süde soll hunn.

Här President, et géif sécher nach vill ze soe ginn ... Madamm Presidentin! Entschëllegt, elo war et da fir d'Drëtt.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Et ass guer net schlëmm, Här Hahn.

**M. André Bauler** (DP) | Dräimol ass gëttlech!

**M. Max Hahn** (DP) | Madamm Presidentin, et géif sécher nach ganz vill ze soe ginn zum Belval: Et ass en interessanten a flotte Projet, wou scho vill geschitt ass an nach esou munches wäert kommen, eng Successstory, déi nach net eriwuer ass, wou nach vill Potenzial besteet a wou och nach vill an der Pipeline ass. Et ass elo de Moment, d'Weiche fir déi nächst Joren ze stelle fir en nohaltege Quartier, wou Wunnen

a Schaffen no beiennee sinn an d'Leit gäre liewen a gären Zäit verbréngen.

Kuckt ee sech déi sëllege Projeten un, déi nach realiséiert solle ginn – ech denken zum Beispill un den neie Sportskomplex, eng weider Europaschoul an nach d'Nationalarchiven –, sou si mir als DP iwwerzeegt, dass dës e wierklech gelongene Projet kéint gi mat Virbildcharakter fir aner Vërel. Den Usproch soll duerchaus sinn, esou eppes wéi eng Stad vun der Zukunft ze realiséieren. Als DP menge mir, dass mer hei um gudder Wee sinn.

Dës gesot, soen ech Iech Merci fir dësen Debat, haaptsächlech der Madamm Ahmedova, déi dësen ugefrot huet. E ganz grouse Merci un Iech. An Iech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, géif ech Merci soe fir d'Nolauschteren.

**M. André Bauler (DP)** | A merci der Presidentin fir hir Gedold.

**M. Max Hahn (DP)** | A merci fir der Madamm Presidentin hir Gedold mat mir.

**Mme Djuna Bernard, Présidente de séance** | Merci Iech, Här Hahn. An déi nächst agedroe Riednerin ass d'Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** | Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt wëll ech dann och menger Kolleegin, dem Semiray Ahmedova, Merci soe fir dës Interpellatioun. Iwwer 20 Joer sinn elo schonns vergaangen, säit déi éischt Aarbechten um Belval ugefaangen hunn. Ech mengen, ech wëll dann och hei op dëser Plaz meng Virgänger Merci soen, an zwar dem Fred Sonnen als Buergermeeschter vu vir drun an och dem Georges Engel an och der Buergermeeschtesch Lydia Mutsch vun Esch, déi wierklech dës Projet vun Ufank u mat begleet hunn an och ëmmer matagebonne ware bei all den Decisiounen. Si hate vill Engagement a vill Asaz an ech mengen, och mat hinnen ass de Site Belval zu deem ginn, wat en elo eeben ass.

Ech mengen, et kann ee soen, dass mer duerch déi zäitlech Distanz zu den Urspréng vun dësem risege Projet en distanzéierten, jo, en nuanciéierten Bléck op d'Entwécklung vun deem ganzen Areal kënnen hunn. An dat ass och gutt. Dat brauche mer, well während mer nach aus dem Belval déi éischt Konklusiounen a Léiere kënnen zéien, steet schonns den nächste grouse Projet virun der Dier, dee genau wéi de Belval op de Friché vun der Stolindustrie entstoe soll. Gemengt ass – a meng Virriedner hunn dat och scho gesot – d'Metzeschmelz op den Terrainen zu Esch a Schëffleng.

Madamm Presidentin, wat mir haut um Belval gesinn, ass alles anescht wéi selbstverständlech. Et ass d'Resultat vu jorelaanger Aarbecht, vu ganz villen Diskussiounen – och hei an der Chamber – a vun enger aussergewöhnlecher Zesummenaarbecht tëscht dem Privatsektor, dem Staat an de Gemengen.

Studentinnen a Studente begéien sech ënnert den Héichiewen, Frënn treffe sech a Caféen a Restauranten, Kanner spille mat hire Frënn am Park um Belval a ginn och um Site an d'Schoul, eeler Generatiounen hunn en neit Doheim fonnt am CIPA „Résidence op der Waassertrapp“, Famillje ginn an de Plaza akafen an d'Weltstare kommen an d'Rockhal. D'Liewen um Belval, wéi mer et haut hunn, hätt ee sech viru 25 Joer net esou kënne virstellen.

Well et hei ëm esou e wichtege Projet geet, erlaabt mer, dass ech un déi vergaangen Diskussiounen erënnere.

An den 90er-Jore woussst ee ganz wuel, dass d'ARBED sech géif zrëckzéien an dass de Minett net méi dat wär, woumat een opgewuess ass. Nodeems d'Héichiewen erkaalt waren, stoung vill Froen am Raum. Et ware Froen dodriwwer, wéi et mam Minett sollt weidergoen. Wéi kann de Minett seng Identitéit behalen, wann d'Stolindustrie, déi e Joerhonnert laang d'Gesellschaft an d'Gemenge geprägt huet, net méi do ass?

Um Horizont huet ee Chancé gesinn. D'Stad Lëtzebuerg stoung wéinst dem wirtschaftlechen Opschwung ënner grousssem Drock a fir den Zentrum ze entlaaschten, war engersäits de Besoin do fir ze dezentraliséieren an anersäits ass awer och gläichzäiteg no enger Léisung gesicht ginn, fir de Süden attraktiv ze halen.

Souwéi d'ARBED sech zrëckgezunn hat, huet sech d'Fro gestallt, wat mat de Friché geschéie sollt. An och wann d'Potenzial vun dësen insgesamt honnert Hektar Land gesi gouf, sou war et alles anescht wéi evident, well déi kontaminiéiert Terrainen, wéi konnt een déi notzen oder ... Nee, pardon. Och war ee sech oneens, wéi ee mam nationalen industrielle Patrimoine sollt viruieren.

*(Brouhaha)*

Nieft all dësen Onsécherheete gouf et vill Meenungen an Iddien. Déi eng wollten d'Héichiewen einfach ofrappen, déi aner wollte se halen. Fir déi eng waren d'Frichen eng eemoleg Chance fir kulturell a wirtschaftlech Investitiounen a fir déi aner waren et just polluëiert Plazen, déi et net derwäert waren, fir finanziell Moyenen ze deblockéieren. Wäer et no dës Leit gaangen, dann hätt mer haut weeder eng Rockhal nach Logementer nach eng Uni um Belval.

Mee egal wéi eng Meenung een deemools hat – a sou laang ass et u sech nach guer net hier –, warscheinlech hätt kee sech de Belval esou virgestallt, wéi mer en haut hei virun eis leien hunn. An dobäi gëtt och nach ëmmer weider fläisseg virugebaut, nach ëmmer ass de Belval amgaang mat wuessen. A grad dowéinst ass et wichteg, dass mer haut souwuel op de Projet zrëckkucken an awer och no vir kucken.

Wann een op de Projet Belval zrëckbléckt, da kann een dat vläicht och mat gemëschte Gefiller maachen. Op där enger Säit ass viles luewenswäert. Et ass beandrockend, mat wéi enger Dynamik e moderne Quartier, eng Universitätsstad um Terrain vun ale Frichen entstanen ass. Op där anerer Säit ass d'Entwécklung vum Belval sécherlech net perfekt an et kann een dann och aus de Feeler léieren. Et sinn déi berüümt zwou Säite vun enger Medail, op déi ech och elo wëll agoen, an ech fänken da mol mat där méi schéiner Säit un.

Wéi ech schonns sot, war et am Ufank net evident, dass mer um alen, kontaminiéierte Site vun ARBED-Terrainen dat konnte bauen, wat mer haut do stoen hunn. Als Éischt hu sech emol d'Besetzverhältnisse misse klären. Et huet misse gekuckt ginn, wat a wéi een iwwerhaupt um Terrain baue konnt. An et huet ee sech och misse landeswäit eens ginn, ob mir d'Universitéit an de Süde verlagert kréien.

D'Envergure ass och ëmmer méi grouss ginn, bis mer souguer e Modellprojekt, also e Vorzeigeprojekt um europäesche Plang virleien haten. Gutt d'Hallschent dovunner ass bis haut fäerdeggestallt.

D'Populatioun um Belval ass vun 2018 bis 2021 ëm 30 % gestiegen. D'Zuel vun den Awunner läit am Moment bei 3.600 an et soll sech nach eng Kéier verduebeln. Verduebele wäert sech och bis 2030 d'Zuel vun de Wunnengen. Dat heescht: Mir klammen hei vu knapp 2.000 op iwwer 4.000 Logementer. An et ass virgesinn, dass, wann de Belval bis fäerdeg ass, bis zu 25.000 Leit do schaffe wäerten. Zurzäit schaffen ongeféier 12.000 Leit um Site.

Wat de Wëssensstanduert Belval ugeet, befanne sech haut schonn ëm déi 7.500 Schüler a Studenten um Site. An dës Zuel soll och bis op 8.000 uuessen. Hei ass eng Plaz geschafe ginn, wou Wëssensvermittlung a Fuerschung openeentreffen. D'Uni huet eng 250 Professoren a bitt 12 Filiären am Bachelor, 42 Filiären am Master a 4 Doktoratsfiliären un. D'Fakultéiten an d'Fuerschungsinstituter vun der Uni sinn ëm déi fréier Héichiewe regruppéiert. Do wou fréier de Stol geschmolt ginn ass, dämpfen haut d'Käpp.

An deem Kader brauche souwuel d'Schüler wéi och d'Studenten adequat Raimlechkeeten. Esou huet de Fonds Belval bis haut jo schonns eng ganz Rei Gebaier opgeriicht – fir se net ze nennen: d'Maison du savoir, d'Maison du nombre, d'Maison des sciences humaines, d'Maison des laboratoires an d'Maison des arts et des étudiants.

De Fonds Belval ass jo bekanntlech en Établissement public, deen zoustänneg ass fir d'Konstruktioun vun den Ekipementen vum Staat um Site Belval. Déi sollen awer och Projeten developpéieren bis zur Mise en service vun de Gebaier oder den Ouvragen. Säit 2015 hu si eng weider Base légale kritt, fir och d'Gestioun vun dësen Infrastrukturen ze iwwerhuelen an domat och d'Maintenance an och d'Exploitatioun, wéi dann och eventuell Transformatiounen oder Adaptatiounen vun de besteeënde Gebaier.

Mat der Maison du savoir huet d'Uni sech e modernt Haaptgebaie ginn an an der Maison des sciences humaines hu verschidde Fakultéite souwéi och zum Beispill de LISER hire Sätz. Och de mathemateschen an informatésche Volet kommen net ze kuerz a si sinn an der Maison du nombre ënnerbruecht, wou niewent de Fuerschungs- a Léieraim och de Computercenter vun der Uni ass.

Mam Luxembourg Learning Centre, wou d'Bibliothék vun der Uni ënnerbruecht ass, gouf eng innovativ Bibliothék ëmgesat, déi et de Studenten, de Fuerscher an och de Bierger erméiglecht, analog wéi och digital Recherchë maachen ze kënnen. Wierklech eng ganz flott Bibliothék, déi et derwäert ass kucken ze goen, vu bannen a vu baussen.

Belval empfängt dann awer och nach aner Fuerschungszentren a Gebailechkeeten. Sou hunn um Belval dräi grouss éffentlech Fuerschungsinstituter an aner Fuerschungszentren hire Sätz: de LIST, de LISER an den ILNAS.

Erwänenswäert ass dann och nach, dass op der Uni. lu um Belval e puer interdisziplinär Fuerschungszentren sinn. Dat sinn de Luxembourg Centre for Systems Biomedicine, den Interdisciplinary Centre for Security, Reliability and Trust an de Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History. Aner ernimmenswäert Fuerschungsinstituter sinn den LIS, dat ass en iwwergräifenden Datacenter, an den CVCE, de Centre virtuel de la connaissance sur l'Europe, dee jo vir drun am Schloss zu Suessem ënnerbruecht war. Domadder stellt de Belval en Hub fir d'Fuerschung an d'Wëssensvermittlung an der Groussregioun duer.

An de Fuerschungsstanduert Belval expandéiert weider. Sou sinn d'Gebailechkeete fir d'Maison de l'ingénieur, d'Maison de l'environnement an d'Maison de la vie nach am Bau. D'Maison de l'ingénieur wäert Fuerschung am Beräich vun den Ingenieurswissenschaften bedriewen. An d'Maison de l'environnement wäert gläich an zwee Gebaier ënnerkommen. Am Haus Nummer 1 gëtt d'Fuerschung am Beräich Agro-Biotechnologie bedriewen an am Haus 2 gëtt d'Recherche am Beräich vun der Ëmweltbiologie geféiert. Hei stinn dann och Waasser a Loft am Fokus. D'Gebailechkeete wäerten da mat ganz ville Laboen an och ville Büroen ekipéiert sinn. An der Maison de la vie



soll dann, wann dat da bis steet, am Beräich vun der Humanbiologie gefuerscht ginn.

All dës Gebaier, déi de Fonds Belval realiséiert, entsprechen de Krittären, fir energieetesche an och op innovativ Manéier ze bauen, woubäi och opgepasst gëtt, fir d'Energieconsommation ze reduzéieren an och d'Utschafungs- an d'Entretienskäschten am Grëff ze behalen. Sou sinn och déi meescht Gebaier elo scho mat Solarpannoen ekipéiert.

Nieft de Studente vun der Uni kënnen déi méi jonk Schüler op de Kannercampus zu Bieles oder och op de Lycée Bel-Val zréckgräifen. Um Kannercampus Bieles stellt d'Gemeng Suessem eng Crèche an och e Fondamental, dee ganz enk zesumme mam SEA (ndlr: Service d'éducation et d'accueil), also der Maison relais, als Projet fonctionéiert. Ausserdeem ass op deem Site vum Kannercampus och de CDI, de Centre pour le développement intellectuel. Domadder ass u sech de ganze Bildungswee vum Klengkand bis zum Student respektiv dem Fuerscher ofgedeckt um Belval.

Nieft dem Léieren ass et dann awer och wichteg, Plazen ze hunn, wou déi jonk kënnen entspannen, zesummekommen oder sech sportlech betätigen. An deem Kontext ass jo dann och e Centre sportif um Belval geplangt. Dëse Sportkomplex soll dann de Schüler vum Lycée Bel-Val an awer och de Studente primär zeguttkommen. Ausserdeem soll och d'Méiglechkeet gi sinn, dass och lokal Sportsveräiner hei kënnen Sport maachen.

Mir begreissen, dass am Kader vun dësem Projet d'Leit wäerten Accès kréien op eng Schwämm, e Centre multisport, eng Sportsfläch am Fräien an en Zenter fir Sportpädagogik. Dat wäert d'Liewensqualitéit um Belval erhéijen an och der Allgemengheet zeguttkommen.

Do, wou esou vill lass ass, wou esou vill Leit sech beweegen, do ass et och wichteg, dass mer déi néideg Infrastrukture virfannen, fir dass d'Leit och effizient vun A op B kënnen kommen. Schonns viru 25 Joer war virun allem d'Collectrice eng Haaptverkéiersoder, déi d'Gemengen am Süde matenee verbonnen huet. Bis d'nächst Joer soll d'Jonction Micheville endlech fäerdeg ginn an domadder gëtt dann de ganze Verkéier ronderëm de Belval an och a Richtung Esch a Suessem berouegt. Mir waarde just drop!

An deene leschten zwanzeg Joer ass immens vill an eist Schinnennetz investéiert ginn. Esou ass de Belval jo mat sengen zwou modalen Garen immens gutt ze erreechen. Rezent Investitiounen an d'Vëlosnetz suergen derfir, dass ee sech dann och méi ëmweltfrëndlech am Minett beweege kann. Hei wëllt ech dann déi Passerell och ernimmen an ervirhiewen, déi elo de Belval da mat der Stad Esch wäert verbannen. Dir wësst, dass jo tëschent Belval an Esch ArcelorMittal nach ëmmer op engem groussen Areal aktiv ass. Dat trennt eeben déi zwéi Zentre vuneneen an dofir bréngt déi Passerell wierklech eng Plus-value.

Urbanistesche gesinn war et eng Erausforderung, fir de Belval gutt mat sengem Ëmfeld ze vernetzen. Dat war, mengen ech, och ëmmer eng Fuerderung vu menge Virgänger an dat ass, mengen ech, zum Deel ganz gutt gelongen. An awer dauere verschidden Etappen ze laang, soudass mer de Verkéier ronderëm net ëmmer an de Grëff kréien. De Belval ass awer nach ronderëm den Auto geplangt ginn. Dofir feelen haut awer nach Vëlosweeër fir Berufsspendler, et feelen e Bussystem an och en Tram, deen de Süde mam Zentrum verbanne soll. A jo, wollt ech just soen, Här Hahn, dass den Tram awer och bis op Bieles geet, net nëmme bis op Esch, dass dat alles virgesinn ass – dat kënnt jo och elo –, mir wëssen dat, mee mir brauchen déi Infrastrukturen awer elo schonns!

(Interruption)

Mat der École européenne – déi ass och schonn ugeschwat ginn – ass eng weider Schoul geplangt an eeben och dee Centre sportif, iwwert deen ech virdru geschwat hunn. Déi kommen allen zwee op de Site. Béides bréngt natierlech weidere Verkéier mat sech an dee musse mer bedenken an och erëm iwwerdenken.

Et gëtt jo wuel u Mobilitéitskonzepter geschafft, ech weess dat. D'Gemengen an och Agora schaffen hei zesummen, fir dës Konzepter auszuschaffen an och ze adaptéieren. De Plan national de mobilité 2035 ass natierlech och an dësen Iwwerleeunge present. An awer wäert et fir d'Gemengen net einfach ginn, den Undrang ze bewältegen. De Modal Split 40/60, deen am Masterplang festgehalen ginn ass, ass schwéier ze entwéckelen, wann ëmmer nees nei Saachen derbäikommen a gläichzäiteg och net jiddwereen Hand an Hand zesummeschafft oder ëmmer transparent ass.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der wësst, an ech hunn et scho gesot, ass de Belval nach laang net fäerdeg. D'Zuel vun den Awunner wäert sech nach verduebelen. Dat hunn ech jo schonns gesot. Als Gemeng Suessem iwwerhuele mir do eis Verantwortung. Mir hunn eis virgeholl, och um Belval bezuelbare Wunnraum ze schafen. Mir schaffen do ënner anerem och enk mat der SNHBM zesummen.

Op dëser Plaz wëllt ech gären zwéi Lousen ervirhiewen, déi mer elo – am Kader vum Pacte Logement 1.0 awer nach – vun Agora ofkafen. Zesumme sinn dat knapp 40 Ar Bauland, op deenen iwwer 70 Wunnengen entstoe wäerten. Iwwregens ass och Agora amgaangen, um neie Site hir Logementspolitik ze iwwerdenken. Agora huet nämlech do d'Mission operluecht kritt, fir um Site Metzschmelz 30 % Logements abordables ze realiséieren.

Ech hunn et och virdru schonn ugedeit: All Medail huet zwou Säiten an esou gëtt et och an der Entwécklung um Belval Saachen, déi vläicht net esou gutt gelaf sinn an déi een an Zukunft och bei anere Projekte wéi eebe Metzschmelz ka besser maachen.

Op de Volet vun der Mobilitéit sinn ech jo schonn e bëssen agaangen. Natierlech kann een och do soen, dass d'Mentalitéit an d'Approch virun zwanzeg Joer nach anerer waren, dass de Vëlo zum Beispill deemools vläicht net esou wichteg war, wéi en et elo ass. An awer ... an ech däreft dann och elo de Roga zitieren, wéi d'Semiray Ahmedova virdrun och. En huet 1999 effektiv a senger Interpellation zum Belval gesot, dass mer e Vëlosnetz bräichten, dat net nëmme fir Fräizäit gutt ass, mee och fir de Berufsverkéier ka genotzt ginn. Esou kann ee sech awer heiansdo Froe stellen, firwat esou Detailer – esou wichteg Detailer –, déi haut vermësst ginn, net vun Ufank u méi matageplangt gi sinn.

Am Ufank ass versicht ginn, d'urbanistesche Erausforderungen ze léisen, andeems effektiv lénks a riets gebaut ginn ass. Et gouf e Bauprogramm, awer vläicht kee richteg Sozialprogramm. Haut musse mer do weinst villen upassen, well Verschiddenes eeben net vun Ufank u matbeduecht ginn ass oder vläicht aner Prioritéite waren. Dat ass schued a bréngt vill Erausforderungen, virun allem fir d'Gemengen an och fir hir Servicer. Mee et ass awer net onméiglech. A mir gesinn och elo schonns, dass mer et fäerdegbréngen, de Belval esou ze gestalten, dass et sech gutt do schaffen, wunnen a liewe léisst.

Madamm Presidentin, Kolleegen a Kolleeginnen, ech invitéieren Iech allegueren, op en Trëppeltour op de Belval ze kommen, vläicht zesumme mat mir oder och eleng, dat kënnt Der dann decidéieren. Do kënnt Der da gesinn, dass mer et trotz allen Erausforderungen

fäerdegbruecht hunn, nieft eisem Patrimoine industriel, de Logement, de Firmen, de Geschäfte och e flott ugeluechte Park ze hunn, eng kleng gréng Long, déi vill Méiglechkeete gëtt, seng Mëttesstonn oder och seng Fräizäit ze gestalten.

Dir hutt matkritt, dass ech déi ganz Zäit a menger Interventioun vum Belval als gemeinsame Site vun zwou Gemenge geschwat hunn an net als Insel. Et ass wichteg, dass mer och an Zukunft dëse Site als gemeinsam unerkennen a weiderentwéckelen. An ech wëllt och do nach eemol – entschëllegt – dem Här Hahn eng kleng Remark maachen: Et ass keng Stad. Et ass nach ëmmer e Site. E Belval vun deenen zwou Gemengen, et ass keng Stad fir sech. An ech wëll awer betounen, dass mer dat probéieren unzebannen un Esch an u Suessem – wat eis ganz wichteg ass.

Erlaabt mer, zum Schluss nach e bësse Reklamm ze maachen. Et ass och vill vun Esch2022 geschwat ginn. An ech wäert dann och doriwwer nach e bësse schwätzen, well effektiv d'Kulturhauptstad eng ganz grouss Méiglechkeet bitt, de Belval, de Süden an allgemeng eist Land no vir ze bréngen.

Mir hunn um Belval en neie Pavillon vun der Source Bel-Val opgeriicht. Deen hu mer als Gemeng Suessem eeben am Kader vun Esch2022 realiséiert. An dat ass och e weideren Ureiz, fir op de Belval ze kommen. Wéi Der vläicht wësst, ass d'Waasser e wichtegt Element um Belval – et ass scho gesot ginn –: Waassertrap. A mir haten nämlech zu Suessem – dat wëssen net ganz vill Leit, mee ech soen et dann – um Belval eng Quell, woubäi ëm 1900 dorëmmer d'Waasser aus dëser Quell genotzt ginn ass, fir esou ganz gutt Belvaler Waasser, Tafelwaasser an och medezinnescht Waasser, an d'ganz Welt ze verkafen.

Dir gesitt: Mir si ganz houfreg op eise lokalhistoresche Patrimoine. A mat esou Realisatiounen wéi där heiter, fir dësen en valeur ze setzen, an och mat motivéierten an engagéierte Partner kréie mer et hin, dass mer lieweg Plaze schafen, wou d'Leit sech alleguer wuel an doheim spieren. Da gesi mer eis dann d'nächste Keier um Belval.

An ech soen Iech elo allegueren Merci fir d'Nolauschteren.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Madamm Presidentin. Merci och der Kolleegin Ahmedova fir dës Interpellation, déi ganz interessant war. Mir hu viles geléiert, vill Positives héieren, och deen en oder deen anere Problem. An ech mengen, dass dat scho wichteg ass, dass mer esou Debatten hei hunn oder, jo, Gespräicher féieren.

De Belval ass, mengen ech, fir eis haaptsächlech emol en historesch ganz wichtige Site fir Lëtzebuerg. Et ass e Site, deen, an dat ass och haut scho bei Verschiddenen erauskomm, mat ganz villen Emotiounen verbonnen ass, well ganz vill Leit hei am Land an, ech mengen, och eng ganz Partie hei – an ech och – vill Virfare gehat hunn, déi grad op där doter Plaz geschafft hunn. An déi Leit hunn, net nëmme do, mee op ville Plazen am Minett, de Rächtum vu Lëtzebuerg erschafft. 7.200 Aarbechter hat d'Schmelz ARBED/Belval. Am ganze Land waren et 32.000 Leit – een Drëttel vun de Leit, déi geschafft hunn –, déi an der Stolindustrie an all deem, wat ronderëm war, geschafft hunn.

Duerfir sinn ech och frou, dass mer dat Kulturierwen zu engem groussen Deel erhalen konnten. An ech sinn och ganz frou, dass déi zwéi Héichwien do stinn an

als Denkmal un déi gloriärich Zäit erënneren, dass se schéi renovéiert sinn an dass och soss villes erhalte bliwwen ass, mee leider och net alles.

Ech mengen, et muss eis bewusst sinn, dass d'Stollindustrie – an dat solle mer ëmmer erëm widderhuelen, hell haut och vill Jonker dat net méi wëssen, well och vill Leit, déi op Lëtzebuerg komm sinn déi lescht Joren, dat net méi wëssen – den Ursprung ass vum Wuelstand hei zu Lëtzebuerg. Déi Héichwies sinn eigentlech d'Symbol vun deem Wuelstand, deen do erschafe ginn ass. Ouni dat géif et och de Wuelstand haut net ginn. Ouni dat géif et warscheinlech och haut d'Bankplaz Lëtzebuerg net ginn. A wie weess, ouni dat géif et vläicht Lëtzebuerg tout court haut net méi ginn. Duerfir solle mir deene Männer an och Fraen, déi do geschafft hunn, déi dozou bäigedroen hunn, Merci soen. A mir kënnen houfreg dorop sinn.

1997 war et dann dunn zu engem groussen Deel eriwuer an de leschten Héichwies ass ausgemaach ginn. Do huet sech dann d'Fro gestallt: Wat maache mer dann elo do? Wat geschitt? Verschidde Méiglechkeete wiere jo an d'A ze faasse gewiescht. Ech denken zum Beispill: Mir hunn hei am Land e ganz grouse Mangel un Industriegebieder, un Industriezonen. Ech weess net, firwat een dat deemools net an d'A gefaast huet. Mee soit.

Et ass decidéiert ginn, fir en neie Quartier, oder, pardon, eng nei Stad do opzeriichten. Sou eng Aart „Retortenstadt“, déi also net natierlech gewuess ass, mee déi op engem Plang opgemoolt an dann durchgefuert gëtt. Där Beispiller gëtt et an der ganzer Welt relativ vill. An ech mengen, et ass evident, wann een esou Saache plant, da gesäit een am Laf vun der Zäit op eemol awer, dass verschidde Saache vläicht net esou gemaach gi sinn, wéi ee se hätt solle maachen, an et gesäit een an, dass vläicht Feeler geschitt sinn. Dat ass ganz normal. Dat ass geschitt hei a Lëtzebuerg och um Kierchbiere. An dat geschitt och bei anere Stied am Ausland, wou sou Quartieren, esou Stied geplangt ginn.

Bon, schlussendlech ass dann dunn ugefaange ginn, déi Stad ze bauen. A wat een do feststellt, ass: Et dauert extreem laang. Ganz laang! Hei zu Lëtzebuerg dauert et oft laang. D'Uni ass eréischt 2015 komm. D'Nationalarchive sollten 2007 kommen, do war elo eréischt de Spuetestech dës Joer, 2022. Also 15 Joer Retard. Mir schwätze vum schnellen Tram, dee bis op Biele soll goen an dann natierlech och bis op de Belval. Dee soll dann 2035 eréischt fäerdeg sinn. Also an 13 Joer. Do froen ech mech dann awer: Ass dat elo wierklech déi grouss Dynamik?

Et ass och geschwat gi vun der wichteger Verbindung vun Esch op de Belval, der Vëlospist. An ech mengen, d'Fro ass scho gestallt ginn. Ech ka se och nach eng Kéier stellen: Wéini wäert déi fäerdeg sinn? Dat war wichteg.

Haut wunnen dann ongeféier 4.000 Leit um Belval a schaffen do, oder et si Studenten do, e gudder Krack iwwer 10.000. Bon, wat kann een elo do zréckbehalen? Wann ech dat elo och perséinlech kucken: Ech mengen, wéi dat ugefaangen huet, war ech nach op der Uni, hu Geografie studéiert a war natierlech du ganz staark och drun interesséiert, wéi eng nei Stad geplangt gëtt. Ech war faszinéiert vun deem Projet. Ech sinn do och ëmmer positiv gewiescht. A wann ech dat haut kucken: Jo, d'Uni, Shoppingmall, Wunnen, Firmen an esou weider an esou fort, villes ass do. Et ass alles genannt ginn. Villes ass gutt, mee och net alles ass perfekt.

An ech wollt vläicht op déi Punkten agoen, déi da vläicht net esou perfekt sinn. Ech stelle mer dach awer zum Beispill d'Fro iwwer d'Liewensqualitéit an deem

neie Quartier. Mir hunn do ganz vill héich Appartementshaier. Bon, et gëtt ëmmer gesot, et wier gutt, wa mer géife méi dicht bauen, méi héich bauen. Ech mengen awer, dass dat net déi Liewensqualitéit ass, déi een op anere Plazen, och am Minett, huet, wou een trotzdeem nach en Haische kann hunn, e Gaart kann hunn. Ech sinn och elo frou, dass dāers elo deemnächst nach méi wäert gebaut ginn um Belval.

Ech géif mer allgemeng och méi Gréngs wënschen, méi Natur um Belval. Dat ass eppes, wat a mengen Aen definitiv feelt. Ech weess net, d'Architekten si vläicht heiansdo net esou frou domadder a si baue léiwer. Bon, et ass natierlech ëmmer eng Fro vum gudden Goût. Ech mengen, les goûts et les couleurs, dat ass ...

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Jiddweree kann dat selwer beurteilen. Verschidde Leit fannen et wonnerbar. Aner Leit fannen et einfach grueleg. Ech géif emol einfach soen: Am Minett gëtt et dach awer bestëmmt honnert Plazen, déi méi schéi si wéi de Belval!

**Une voix** | Op jidde Fall!

**Une autre voix** | Très bien!

**M. Fred Keup (ADR)** | Ech fannen eigentlech dat Ganzt och e bëssen ... Och wann ee mat Leit schwätzt, déi do schaffen, déi do op d'Uni ginn an do wunnen ... Et ass dach awer och e bëssen ausgestuerwen. Et feelt e bëssen eng Séil. Et ass gesot ginn, et wär en Universitéitsvéierel. Jo. Universitéitsvéierel, jo, awer kee Studentevéierel. An dat ass schued. Wann ee mat de Studente schwätzt, ass dat ganz einfach: Déi zitt et awer éischter an d'Stad. Si komme just op de Belval op d'Uni an da si se erëm fort. Esou attraktiv ass et da fir si do net.

An dann ass och vläicht dat, wat feelt, och – mee ech mengen, dat kënnt och mat der Zäit; et ass jo normal, dass dat alles dauert – einfach e bëssen eng Identitéit fir déi Leit, déi do wunnen. Ech weess net: Gëtt et scho Veräiner do? Gëtt et wierklech och e Bewosstsäin, fir do ze wunnen? Et huet ee jo och zwou Gemengen. Vlächte fille sech déi eng méi zu Biele higezunn, déi aner vlächte méi zu Esch.

Bon, dann ass och eng wichteg Fro ... Et ass elo gesot ginn – ech mengen, dat wat d'Buergermeeschtesch vu Suessem –: „Mir wëllen net, dass et eng Insel ass.“ Dat ass awer e bëssen den Androck, deen een huet, wann ee mat de Leit schwätzt. Wann ee mat de Leit schwätzt, déi zu Esch wunnen, fir déi ass de Belval awer trotzdeem iergendwéi eppes, wat dann awer méi wäit ewech ass a wat net wierklech zu Esch gehéiert. Wann ee mat de Leit schwätzt, déi um Belval studéieren oder schaffen, fir déi ass de Belval e Quartier, deen och am Fong net vill mat Esch ze dinn huet an och net mat Suessem. Et ass am Fong eng Plaz, iergendwéi iergendwou opgeriicht, fir vill Leit, och Auslänner, einfach an der Peripherie vun der Stad Lëtzebuerg an hiren Aen, wou een da mam Auto hifert, seng Saache mécht an dann erëm fort.

À propos „fueren“, do si mer da bei engem weidere Problem, och deen ass ugeschwat ginn: Dat ass de Verkéier. Wéi kommen ech dohin? Dat ass eng Fro, déi sech vill Leit stellen, wa se bis eng Kéier mussen dohinner fueren, zum Beispill, fir schaffen ze goen. De Belval ass jo quasi eng Sakgaass un der Grenz vum Land. Et läit net zentral, also op d'mannst emol aus der Vue vun de Lëtzeburger. A wann Der moies an owes emol dohinner gitt, da mierkt Der, dass et ganz vill Stau gëtt, ëmmer méi vu Joer zu Joer.

Do héiert een dann, dass ee Problem wier, dass vill Buslinnen net méi do wieren, dass Buslinne schlecht wieren an dass een zum Beispill vill méi einfach an d'Stad kënnt wéi op de Belval. An dat ass och eng

wichteg Fro fir déi Leit, déi op de Belval mussen goen, well se entweder do studéieren oder do schaffen. Do sinn der jo ganz vill, déi komme guer net aus dem Süden, mee déi kommen aus aneren Deeler vum Land. An ech kann Iech scho soen awer, dass déi net esou ganz frou sinn, wann et op eemol heescht, dass se op de Belval geplännert si mat hirer Aarbechtsplaz, an do sinn der, déi wiere vill, vill léiwer an der Stad.

An déi Fro, déi sech dann och stellt zur Uni: D'Universitéit vum Belval, war dat eng gutt Iddi? Schwéier soen. Mee wéi gesot, eng ganz Partie Leit, Studenten, och déi, déi op der Uni schaffen, soen am Fong, dass se léiwer an der Stad wieren an dass dat méi no wier, dass si fir op de Belval ze kommen ugewise sinn op den Auto an dass dat am Fong net gutt wier. An dat ass am Fong eng allgemeng Fro, déi ech géif stellen: De Belval ass – ech mengen, dat war awer eng Kéier esou geplangt – am Fong e bëssen esou en autofräre Quartier. Ass dat nach ëmmer e bëssen d'Konzept oder wou geet dat elo hin, wa mer 25.000 Aarbechtsplazen do wäerten hunn an e puer Joer? Wéi kommen déi Leit dohin?

Zum Schluss wëll ech nach eppes soen. Dat ass eppes, wat Esch ugeet, d'Stad Esch an och vlächte de ganze Minett an natierlech och d'Gemeng Suessem. Dat ass: Ech mengen, dass de Belval am Fong am Endeffekt och eng Plus-value muss si fir déi Uertschafte ronderëm, haaptsächlech fir Esch. An do wier et ganz wichteg, wann e vill méi agebonne wier an de Ballungsraum Minett an net esou géif eriwuerkomme wéi einfach e Quartier op der Peripherie vun der Stad Lëtzebuerg, dass et méi Verbindungen engersäits zu Esch an anersäits zu Biele géif ginn. An et dierf keng Insel sinn!

Ech hoffen dann och, dass dat vlächte besser geplangt gëtt an Zukunft. Mir hunn nach esou Projeten, déi virgesi si ronderëm Esch. An dann hoffen ech, dass eng Partie Feeler awer dann net méi wäerte widderholl ginn, wa gebaut gëtt bei der ARBED/Terres Rouges a bei der ARBED/Schëffleng.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmoos, Här Keup. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Merci, Här President. Merci fir dës Interpellatioun vun der Madamm Ahmedova zum Belval. Si huet de Roga genannt. Ech fänken dann och mat him un. Also hie wier net frou gewiescht mat esou villem Sech-Brüsten an Elogen a Sech-op-d'Schëller-Klappen. Hie war ni frou domadder. Hien hat dat absolut net gär an hien huet da ganz oft och de Raum verlooss. Hie war immens frou mat kritesche Stëmme an dofir kënnt hei och elo méi e kritesche Bléck op de Belval, wéi dat vun deene Lénken ze erwaarden ass.

Här President, aktuell setzt sech de Kënschtlerkollektiv Richtung22 kritesch mat dem Amenagement vun der Frichë ronderëm Esch ausereneen, ënner anere a sengem Theaterstéck mam Titel: „Esch ass dout! An Agora huet et ëmbruecht.“ Déi jonk Kënschtler zeechen e Bild vun enger Spillwies fir allmëgliche kommerziell Interessen, deene sech all aner Iwwerleeungen ënnerzeuerdnen hunn. Quartieren, deenen d'Ubannung un déi lokal Identitéit feelt an déi an hirer Logik eenzeg op Profitinteressen a Gentrifizierung ausgeluecht sinn. Dat, wat Richtung22 op kariatatural Aart a Weis opdeckt, ass leider guer net wäit vun der Realitéit ewech. Et si ganz vill Feeler gemaach gi mam Belval. An et gesäit alles duerno aus, datt déi Feeler och an Zukunft einfach widderholl ginn.



Ech hat schon d'lescht Joer an enger Ried iwwert de Belval eng Rei Kriticke formuléiert, sou wéi e bis elo geplangt an ëmgesat gouf, an ech widderhuelen déi hei och gären.

Éischters: déi autozentriert Ausrichtung. Mir hunn dat och schon héieren. Breet Stroossen, riseg Parkingen an e grouss Centre commercial zéie ganz vill Autoen un. Et ass vill Verkéier um Belval an deen ass hausgemaach, well et jo praktesch keen Duerchgangsverkéier do gëtt. Op där anerer Säit ass d'Infrastruktur fir déi duuss Mobilitéit net genuch ausgebaut, notament fir de Vëlo. Dat ass och schon hei gesot ginn.

Zweetens: de Manktum un ekologeschen a klimato-logeschen Iwwerleeunge bei der Planung. Et feelt u Begrëngung vun de Stroossen, vun de Weeën an de Fräiraum. De Reen- an d'Ofwaassermanagement ass problematesch, genee wéi den Energiemanagement. Mesurë fir CO<sub>2</sub>-Neutralitéit fënnt ee ganz wéineg.

An drëttens: déi feelend Ubannung un d'Nopeschgemengen, net nëmme geografesch, mee och politesch an identitär. An och bei der Erhaltung vum industrielle Patrimoine gouf et vill Kritik. Bon, mir ginn d'Hoffnung trotzdeem net op, datt esou Aspekter iergendwa besser an der Planung berécksichtegt ginn. Mee allze vill optimistesche si mir net.

Här President, carrement farlësseg ass fir eis awer, wat am Beräich Logement geschitt. An dat huet e groussen Afloss op d'Liewen an deene Quartieren. Mir wëssen alleguerten, datt et hei am Land grausam u sozialem Wunnraum feelt. Mir wëssen och, datt de Staat net genuch Bauterrainen huet an datt dofir deene Frichen eng ganz besonnesch Wichtigkeet zoukënnt. Wou, wann net op deene Frichen, solle mer deen enorme Retard ophuelen, dee mer am soziale Wunnengsbau an de leschte Joerzëngten accumuléiert hunn?

A wat geschitt elo zum Beispill beim Amenagement vum Belval op Suessemer Säit? Den ëffentleche Wunnengsbau spillt praktesch keng Roll a souguer beim abordabele Wunnraum, dee vu private Promoteure muss gebaut ginn, gëtt just den absolute Minimum ëmgesat. Wéi Der wësst, gouf de PAP net no den neie gesetzleche Bestëmmungen ausgericht, déi jo 15 % bis 20 % abordabele Wunnraum virgesinn. Et kann een dovunner ausgoen, datt hei souguer express probéiert ginn ass, déi nei Reegelen ze ëmgoen, fir wierklech just de Minimum ze applizéieren a fir e Maximum u Profitt kënnen erauszeschloen. An dat, obwuel de PAP op anere Punkten nach rezent nogebessert gouf.

Wéi ass et méiglech, datt eng Entwécklungsgesellschaft wéi Agora, déi zu 50 % dem Staat gehéiert, net alles drusetzt, fir soziale Wunnraum a méi abordabele Wunnraum ze schafen?

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Firwat hält de Staat selwer nach ëmmer un alen ineffizienten an ineffikassen Dispositiounen fest, anstatt selwer déi nei, onbedéngt néideg Konditiounen vum neie Gesetz och op déi al Projeten ze applizéieren? Mat e bësse gud-dem Wëllen a Krisemanagement hätt een en anere Choix maache kënnen, fir méi bezuelbare Wunnraum ze schafen. Dat ass net geschitt an dat ass aus sozialer Siicht schlicht onverantwortlech!

D'Resultat gesi mer schon haut um Belval: Vëlleg iwwerdeiert Wunnengen, déi zu engem gudden Deel just aus Investitiounsgrënn kaf ginn an zum Deel souguer aus Spekulationsgrënn eidel stinn. D'sozial Mixitéit ass inexistent. An dorënner leit och d'Vitalitéit vum Quartier. Derbäi kënnt, datt de Bäitrag zur

Léisung vum Wunnengsproblem ganz geréng ass. Éischter au contraire souguer, well déi héich Präisser um Site och nach d'Präisser an der Géigend mat an d'Luucht rappen.

Et kënnt een net laanscht de Constat, datt Agora reng kommerziell Interesse verfollegt an datt déi implizéiert privat Promoteure sech dobäi och nach eng gëllen Nues verdéngen, wéi justement elo mat dem Projet Square Mile, bei deem direkt fënneg grouss kommerziell Partner am Boot setzen. Datt mer eng schlëmm Kris hunn um Wunnengsmarché mat Waardelëschte fir eng Sozialwunneng, déi ëmmer méi laang ginn, datt schéngt nach net ukomm ze sinn.

Här President, ech wëll awer nach méi generell eppes zum Amenagement vun de Frichë soen. Wa sou nei Quartiere geplangt ginn, an et sinn der jo nach eng ganz Rei an der Pipeline, da gëtt ëmmer geschwat vun enger gudder urbaner Mixitéit, déi misst erreecht ginn. Dat heescht: D'Quartiere sollen e gesonde Mix hunn tëschent Wunnengen an Aarbechtsplazen.

Dat klängt op den éischte Bléck immens. Da kann een do wunnen, wou ee schafft. Et huet een alles am Quartier. An et kann ee quasi alles mam Vëlo maachen. D'Realitéit ass leider awer eng ganz aner an ech mengen, datt et wichteg ass, sech doriwwer emol Gedanken ze maachen, well op eisem Wunnengsmarché kënnen déi wéinegst sech genau do d'Wunneng eraus-sichen, wou se grad schaffen. Et ass ee frou, wann een iwwerhaapt eng Wunneng kritt. Oder anescht ausgedréckt: De Prozentsaz u Leit, déi an deene Quartiere wäerte wunnen an tatsächlech och an deem selwechte Quartier wäerte schaffen, dee wäert aller Viraussicht no relativ geréng sinn. Dat heescht: Mir hunn da Leit, déi do wunnen, déi moies an d'Stad oder op eng aner Plaz schaffen ginn, während aner Leit, déi auswärts wunnen, moies an de Quartier erapendelen, fir do schaffen ze goen. Dëst Bild ass wuel vill méi realistesch wéi dat, wat an de Broschüre vun de Promoteure gemoolt gëtt.

Den Haaptproblem awer, firwat mir do kritesch sinn, gëtt evident, wann een dat aus enger nationaler Perspektiv kuckt. Mir hunn hei am Land en enormen Ecart tëschent der Unzuel vun Aarbechtsplazen an der Unzuel vu Wunnunitéiten. Deen Ecart kréie mir nimools ofgebaut, wa mer dauernd nei Quartiere bauen, déi gläichzäiteg och eng héich Zuel un Aarbechtsplaze virgesinn, déi jo dann erëm de Besoin u Wunnraum zousätzlech an d'Luucht schrauwen, well déi Leit, déi dohi schaffen kommen, schliisslech och iergendwou wunne müssen.

Wuelverstane schwätzen ech net vum klengen Commerce de proximité, vum Bäcker oder der Epicerie, déi natierlech an esou Quartiere gehéieren, mee ech schwätze virun allem vun neie grouss Bürosflächen an och vun neien Dénsgschtleeschungen, déi iwwert de lokale Besoin erausginn.

De Ban de Gasperich ass do e gutt negatiivt Beispill, well dee Quartier am Endeffekt méi Wunnbesoin geschaf huet wéi Wunnraum. Net ze schwätze vun deem zousätzleche Besoin u Mobilitéit, deen duerch dee Quartier entstanen ass, zum Beispill duerch en iwwerdimensionéierte Centre commercial. An de Belval ass leider nom selwechte Muster gestréckt.

Mir mengen dofir, datt een dat Konzept vum sougenannte gesonden urbane Mix emol politesch hannerfroe muss, well dat Konzept ze vill oft gebraucht gëtt als Rechtfertegung, fir privat Profitinteressen ze bedéngen. Wa mir déi Diskrepanz um Wunnengsmarché wëlle resorbéieren, da brauche mer eiser Meinung no nei Quartieren, déi virun allem als Wunnquartieren ausgeluecht sinn, natierlech mat klengen Commerce fir de lokale Besoin a gutt ugebonnen un den

nationale Réseau vum ëffentlechen Transport, mee ouni grouss Bürossurfacen an och ouni grouss Publikums-magnéiter, déi erëm nei Besoine schafen. Anescht wäerte mer der Wunnengskris an och der Mobilitéitsproblematik stänneg weider hannendrulen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Als Südler ass natierlech de Site Belval eng Plaz, wou ech vill Zäit verbruecht hunn. Dofir och merci dem Semiray Ahmedova fir d'Interpellatioun haut.

*(Interruption par M. Dan Kersch)*

Péiteng ass am Süden, jo, Här Kersch. Am déifste Süden!

*(Interruption)*

An d'Piraten sti jo och ganz ...

*(Interruption)*

... kloer zum Site vum Belval. Net just – wann ech mech elo zrëckerënneren –, well ech do den éischten Date mat menger Fra hat an dat nach bis haut ...

**Plusieurs voix** | O!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... hält an ech deem-entsprechend eng ganz positiv Erinnerung hunn un de Belval. Mee et ass awer och e ganz gudder Projet fir d'Minettregioun, deen hir nach méi Liewen agehaucht huet souwéi wirtschaftlech a kulturell eis ganz Regioun virubruucht huet. Jo, de Belval steet och fir d'Geschicht vum Süden a fir eis Piraten ass et ganz wichteg, dass déi och erhalen bleift.

Wat mir um Site Belval awer och opfält, sinn déi vill Flächen, déi leider versigelt gi sinn, dass vill Plazen zoubetonéiert gi sinn. Do ass de Belval Plaza II e gutt Beispill. Firwat hätt een do net kënnen vill méi Gréngs, e Park, Gréngflächen, Beem ëmsetzen? Et ass net wierklech verständlech, firwat do op esou vill Béton gesat ginn ass. Och wann d'Thema vum Site d'Industrie ass, där mer ganz dankbar si fir de Wuelstand, esou hënnert dat eis awer net drun, d'Natur besser am Site ze integréieren. Fir d'Liewensqualitéit op der Plaz ze erhéien, wier et sécherlech net verkéiert gewiescht, der Natur vill méi Plaz ze ginn.

Och an der Energiebilanz ass de Belval sécherlech nach net nohalteg genuch. Den Energieminister sot selwer jo och an engem „Wort“-Artikel, dass een hei mat Solaranlagen d'Bilanz nach kräfteg verbessere kéint.

De Site Belval ass jo och dofir geduecht, dass vill Besucher empfaange gi fir sech ze amüséieren, wat mir Piraten och ganz gutt fannen. Och den Akafszenter mécht Sënn, och wann en an eisen Aen net wierklech nohalteg ass. D'Konzept ass éischter op Schnäppchen aus wéi op qualitativ an nohalteg Produiten. Et ass éischter de bëllege Konsum, fir elo net en Numm ze nennen, mee de Slogan „Geiz ist geil“.

Vill Geschäfte, virun allem um Belval II, sinn och haut leider nach ëmmer zou. Hei kéint de Staat eventuell derzou bäidroen, dass den nohaltege Commerce säi Wee heihinner géif fannen, well de Site a sech immens vill Virdeeler huet: vun der Rockhal bis hin zum Kino, Restauratioun. Flott Zäiten, déi een einfach do verbréngt. Jo, et kann ee souguer heiansdo, wann een iwwert de Boulevard fiert, mengen, et wär een zu New York.

Eng weider Iwwerleeung, wat um Belval sécherlech kann nach verbessert ginn a wou nach Potenzial besteet, dat ass d'Synergie mat Esch. Jo, et kéint zwar elo eng Vëlosbréck, mee domadder geet et awer nach net duer. De Projet Belval muss och der Stad Esch neien Elan bréngen. Et geet net duer ze soen, déi zwee wäer komplementär. Och wa Wolkenkratzer um Belval entstinn, esou sollte mer kucken, dass den Escher Stadkär net hannert Belval zréckbleift. D'Uelzchtstrooss kann ee sécher nach méi attraktiv maachen, fir dass de Süde mat senger gréisster Stad allgemeng den Uschloss net verléiert.

De Belval sollt och a sech als Géigepol hei am Land zum Kierchbiérg gëllen. An domadder wëll ech net soen: d'Feeler kopéiere vum Kierchbiérg! Dës Dezentraliséierung begréisst mir Piraten ganz kloer. Eng Dezentraliséierung – dat hate mer schonn an e puer Diskussiounen hei zur ländlecher Entwécklung gesot – wäert eis a virun allem eiser Natur ganz vill Guddes bréngen an eist Land e gutt Stéck méi nohalteg a liewenswäert maachen. Wann also net all Mënsch zur selwechter Zäit op déi selwecht Plaz muss fueren oder goen, dann hu mer vill gelescht. An dat hëlleft dann och der Regioun ronderëm de Belval.

Ass de Belval haut schonn e Géigepol vum Kierchbiérg? Menger Meenung no nach net. Do ass nach ganz vill Verbesserungsbedarf. Bei de Geschäfte gesäit ee jo, dass de Shoppingcenter Belval Plaza nach net déi néideg Attraktivitéit huet, fir mat de Shoppingzentere ronderëm d'Stad matzehalen.

An och am Trafick, dee sech nach ëmmer méi a Richtung Stad konzentréiert wéi a Richtung Belval – dat weisen d'Zuele vum aktuelle Plan national de mobilité –, ass een um gudden Wee. An et muss ee sech drop gefaasst maachen, dass de Belval wäert weider wuessen an un Attraktivitéit gewannen. Wat méi Leit an déi Regioun wunne kommen, virun allem mat Projekte wéi Rout Lëns/Terres Rouges, wat d'Zon ronderëm Esch a Belval och méi wichteg an attraktiv wäert ginn.

Fir de Wunnensbau um Belval ass et fir eis u sech kloer, dass de Staat hei selwer sollt bauen a selwer de Promoteur sinn. Dat – an dat iwwerrascht Iech elo net – fir 10 Euro de Meterkaree am Mietkauf.

E Virdeel um Belval souwéi an de neie Quartieren zu Esch ass, dass een an d'Héicht ka bauen an deemno vill Plaz optimal notze kann, fir Wunnensflächen ze erstellen. Mee do dierf een net vergiessen, och direkt Crèchen a Maison-relais matzebauen. Bekanntlech feelen do nach Plazen. Um Belval misst u sech och Potenzial do sinn, fir e puer Tiern am Stil vun Déifferdeng opzeriichten, wéi zum Beispill de Gravity Tower.

D'Fro vun der Madamm Ahmedova iwwert d'Entwécklung vum Belval op deenen zwou Säite vun der Grenz ass ganz gutt. Während um Belval eng kleng City entsteet, ginn déi franséisch Gemenge ronderëm de Belval e bësse vernoléisst. Dobäi wär et wichteg, op dëser Plaz ze kucken, fir méi Liewensqualitéit och an den Nopeschgemengen iwwert d'Grenz eraus ze erméiglechen.

Jo, dat wär eng europäesch Approche. Well mat der Abannung vun der Groussregioun kéint een de Belval weiderhi stärke souwéi d'Grenzgemenge vill méi matabannen. Firwat zum Beispill net mat enger vun de Gemenge kucken, fir den TICE oder d'RGTR-Linnen op d'franséisch Grenzregioun auszebauen, fir dass déi och – kommt, mer soen all hallef Stonn, all 15 Minutten – accessibel sinn? Well wien haut op mobilitéit.lu kuckt an zum Beispill vum Belval op Villerupt wëll fueren, dee brauch eng hallef Stonn a muss dräimol ëmklammen. Deemno ass hei och nach Potenzial do, fir dass d'Nopeschgemengen an d'Grenzregioun vum Belval besser agebonne ginn. Et wier gutt, hei

eventuell e gemeinsame Fonds de codéveloppement tëschent de Gemengen op béide Säite souwéi dem Staat opzestellen, wou Projeten da gemeinsam gestëmmt a finanziert kéinte ginn.

Eise Fazit ass, dass de Belval e ganz gudden Projet ass, dee sécherlech nach an e puer Detailler Verbesserunge ka maachen. De Bëton ass eeben elo do, wéi en do ass, mee an zukünftege Projeten um Belval sollt een oppassen, fir méi Natur anzebauen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. A leschten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel ...

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Här Präsident!

**M. Fernand Etgen**, Président | ... Madamm Martine Hansen.

**Une voix** | Et ass eng Fro hei!

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Simone Asselborn-Bintz.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Erlaabt Der, dass ech dem Här Goergen eng Fro stellen, wann ech gelft?

**M. Fernand Etgen**, Président | Selbstverständlech, wann hien d'accord ass.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Ech wollt just froen, Här Goergen, ob Der wësst, dass um Belval och eng Crèche an eng Schoul an eng Maison relais sinn. Ech hunn et virdru gesot. Dir hutt nëmme vum Belval op der Escher Säit geschwat. Et gëtt och eng aner Säit Belval, mat zwee Drëttel Territoire, just fir ze soen! Et mécht mech e bësse rosen, wann Der just schwätzt vun der Ubannung vun Esch u Belval. Dat mécht mech awer e bësse rosen, wann ech hei probéieren, de Belval als e gemeinsame Site vun zwou Gemengen duerstellen an Dir sot, dass net genuch Plaze fir Crèchen oder Maisons relais do sinn. Déi gëtt et. An en plus hëlt d'Suessemer Gemeng och Escher Kanner an der Maison relais an an der Schoul op, fir dass de Belval als Site zielt. Voilà. Ech wollt Iech froen, ob Der dat wësst. A wann net, géif ech Iech invitéieren, dohinner ze kommen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech komme gären eng Kéier laanscht. Et ass och virbildlech, dass Der déi Escher ophuelt. Et ass just: An de Virbereedungen hate mer mat eiser Sektoun do geschwat an do waren Elteren, déi iergendwéi keng Plaz an der Maison relais kritt haten. Dofir krut ech déi Info. Deementersprechend sinn awer net genuch Plazen do, fir déi ... Mir kënnen dat awer gären eng Kéier an enger Diskussioun klären, ob genuch Plaze fir d'Leit allegueren do sinn. Dat ass déi Informatioun, déi ech krut.

Merci.

(Brouhaha et hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci. An da wier et un der honorabel Madamm Martine Hansen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Merci, Här Präsident. Ech muss elo déi Südgesprécher e bëssen ënnerbriechen, well ech dat Eenzezt sinn, dat hei schwätzt an déi Konditioun, aus dem Süden ze sinn, eeben net erfëllt; mee ech wollt mech op d'Uni konzentréieren. An Dir wësst: D'Uni, wéi d'Decisioun geholl ginn ass, dat ass u sech den Incubateur fir déi ganz Entwécklung vum Belval. Esou en Incubateur bräichte mer u sech och bal fir d'Nordstad, dann hätte mer och do séier eng Entwécklung, déi kéint passéieren.

D'Uni huet elo, oder wäert elo 2023 20 Joer al ginn. Ech mengen, dass mer alleguer kënnen houfreg sinn,

datt mer eng Uni hunn. Et ass extreem wichteg och fir eist Land. An dofir, mengen ech, ass et keng Konditioun, dass een aus dem Süde kënnt, fir hei kënnen driwwer ze schwätzen. D'Groussjäregkeet ass also elo, loosse mer soen, schonn zwee Joer erlaanscht. An dofir kann een och e puer kritesch Punkten opwerfen.

Ech wäert just véier Punkten uschwätzen. Iwwert d'Uni aleng kéint een, mengen ech, eng ganz Interpellatioun fëllen. Ech wäert mech also hei op véier Punkte konzentréieren. Een ass de Logement. En aneren ass d'Accessibilitéit vum Site an e bëssen d'Problemer, déi doraus entstinn. En drëten ass d'Studenteliewen am Allgemengen. An de véierten ass d'Offer vun Ausbildungen um Site, woubäi ech Iech awer ka berouegen, dass et do net wäert op alles agoen.

Ech fänke beim Logementsproblem un. Deen ass net nëmme landeswäit dee gréissten. Ech hu mat Studenten geschwat an déi soe mer ganz einfach, de Logementsproblem wär dee gréisste Problem vun der Uni Belval. Et ass net nëmme e Problem fir d'Studenten, et ass och e Problem fir d'PhDen. Et ass e Problem, dass mer Talenter op Lëtzebuerg zéien, déi ganz dacks nëmme e Contrat à durée déterminée hunn, déi also net einfach esou och kënnen eppes kafen. An et ass einfach och e Problem fir d'Studenteliewen, well e Studenteliewe kënnt nëmme op, wa Studenten do sinn, an d'Studente sinn nëmme do, wa genuch Wunnengen do sinn a wa genuch bezuelbar Wunnengen do sinn.

Et gëtt de Projet „Logements Porte de France“. Iwwert dee schwätze mer scho relativ laang. Den Här Cruchten hat dozou och eng Question parlementaire gestallt. Ech hunn och do d'Antwort gelies. 2016 ass e Programme de construction ausgeschafft ginn. 2017 ass en du validéiert ginn. Duerno ass en awer erëm eng Kéier e puermol ugepasst ginn. A Fakt ass: Et ass nach ëmmer näischt do!

2027 soll en elo kënnen exploitéiert ginn. An do sinn 173 Wunnenge virgesinn, 126 fir d'Studenten. Do muss een awer elo bedenken, dass d'Waardelëscht u sech vill méi grouss ass wéi dat doten. Am September war d'Waardelëscht vun de Studenten, fir Wunnengen ze kréien ... 650 Studenten hu keng Wunneng fonnt. An da muss ee jo awer och nach bedenken, dass d'Uni lafend nei Studiegäng ubitt, dat heescht, dass d'Unzuel vun de Studenten och nach wäert zouhuelen. Dat heescht: Déi 120 Wunnengen – an do soen ech awer, dass mer séier mussen virukommen – wäerten nach net direkt d'Léisung sinn.

D'Uni huet elo e bësse reagiert, andeems se gesot huet, d'Studenten dierften elo net méi esou laang dobleiwen, wéi se wëllen, mee e Bachelor dierft just nach sechs Semester dobleiwen an e Master dierft just nach véier Semesteren dobleiwen. Dat bréngt natierlech méi e séiere Roulement an et bréngt och eppes fir déi Studenten, déi sech nei aschreien. Mee de Problem gëtt domadder awer net geléist. Et si Schätzungen do, dass elo am September 260 Wunnengen esou wäerte fräi ginn. Déi 260 Wunnengen, déi wäerten awer scho gebraucht gi fir d'Erasmus-Studenten.

Dat heescht, et ass net direkt d'Léisung. Mir hunn awer Privatwunnengen, déi ugebuede ginn. Och d'Stad Esch bitt Wunnengen un, och aner Gemenge bidden nach Wunnengen un. Ech hu vun enger Initiativ vum SEVE zesumme mat Cohabit'Age héieren: „SpeedDating intergénérationnel“, wat u sech och eng gutt Iddi ass, wou eeler Leit, déi vläicht eleng sinn, kéinte Wunnengen offréieren fir Studenten, déi hinnen da kéinte behëlleflech sinn, ech soen emol einfach beim Akafen oder esou weider. Mee all dat bréngt awer näischt an um normale Wunnensmaart kann en normale Student sech einfach keng Wunneng leeschten.



Ech hunn awer elo gelies an enger Question parlementaire, datt de Minister gesot huet, datt nach aner Projeten a Planung wäeren. Dofir wär et fir eis interessant ze wëssen: Wéi eng Projekte sinn dat? A sinn dat och kuerzfristeg Léisungen, wou mer u sech de Studente relativ séier kéinten eppes an Aussicht stellen?

Dann, Här President, sinn d'Lëtzebuerger Studenten net onbedéngt direkt prioritär, fir dës Wunnengen ze kréien. Wat u sech och normal ass, wat awer als Konsequenz huet, datt ganz vill Lëtzebuerger Studente mussen den Auto huelen, fir op d'Uni ze fueren, well den öffentliche Transport net onbedéngt iwwerall esou gutt funktionéiert, datt se dee kënnen notzen.

An dat ass mäin zweete Punkt: d'Accessibilitéit vum Site an d'Problemer, déi sech dorausser erginn. Wéi gesot, den öffentliche Transport funktionéiert gutt vum Zentrum, vum Süden hier. Mir hu jo och eng Gare. Dat ass kee Problem. Mee ech hu mol eng Kéier gekuckt: Fir Studenten aus dem Osten an Norden ass et definitiv net ideal. Ech hat mer e Student vun Harel erausgesicht. Ech hu gekuckt, wéi laang datt dee bräicht. Dee séiersten Trajet – deen awer, mengen ech, nëmmen zweemol am Dag funktionéiert –, do brauch en 2 Stonne 16 Minutte fir eng Faart. Véier an eng hallef Stonn ass en also dann am Dag ënnerwee, fir op d'Uni ze goen. Dee längsten Trajet, dat si sechs Stonnen, wou en am Dag ënnerwee wär, fir op d'Uni ze goen. An ech mengen, do si mer eis eens: Dat kann ee kengem zomudden.

A wann ech dann och nach un d'Studenteliewen denken, dann ass dee leschten Zuch, deen e kéint huelen, fir datt en nach iergendwéi heemkéim, um 20.58 Auer. Also sou, wéi ech mäi Studenteliewen an Erënnerung hunn, ass datt dann net onbedéngt d'Auerzäit, wou een heemgeet, wann ee gäre wëll um Site nach iergendwéi eppes maachen. Dat heescht: Mir hunn do e Problem.

Ech denken, datt mer eis hei kënnen eens sinn, oder ech hoffen zumindest, datt mer kënnen soen, datt den öffentliche Transport net fir jiddwereen hei eng Léisung ass.

Duerfir, Här Minister: Wat hutt Der wëlles ze maachen, fir dës Studenten net ze benodelegen, virun allem elo an Zäiten, wou d'Sprittpräisser awer extreem héich sinn? Ech weess, d'Bourse si gehéicht ginn. Mee d'Bourse si genausou gutt fir dee gehéicht ginn, deen direkt beim Tram wunnt, wéi fir deen, dee sechs Stonne misst mam Bus an Zuch fueren. Dat heescht: Wéi eng Léisunge bitt Der dës Studenten un?

En plus mussen d'Studenten, déi den Auto awer brauchen, Parking bezuelen, dee relativ deier ass: 15 bis 20 Euro den Dag. Wann en dann nach eng Kéier zousätzlech e bësse méi laang doubleift, da gëtt et nach eng Kéier méi deier; erëm eng Kéier d'Studenteliewen. Ech mengen, da bleift een net zousätzlech méi laang do. Dat sinn extreem vill Suen, dat sinn 100 Euro d'Woch. Fir e Student mécht dat extreem vill aus.

Dofir zwou Froen heizou: Firwat kënnen d'Studenten net och vun engem Parkingsforfait profitéieren, sou wéi d'Personal vun der Uni – zumindest déi, déi op den Auto ugewise sinn? Respektiv: Ass virgesinn, fir méi Parkplazen ze schafen? Eventuell e gratis Park&Ride fir déi Studenten, déi musse mam Auto kommen?

D'Studente soten zu mir, an ech hoffen, datt se do net Recht hunn, datt se géife mengen, datt hei sech guer näischt géif dinn, well d'Regierung net wëll den Individualverkéier fërderen. Ech hoffen, wéi gesot, datt d'Studenten, déi mer dat gesot hunn, net Recht hunn, well mir brauchen den Individualverkéier och hei, an duerfir hätt ech gäre vum Här Minister eng kloer Äntwert, wat hei fir d'Studente gemaach gëtt.

Da kommen ech bei den drëtte Punkt: D'Studenteliewen am Allgemengen. D'Remark, déi een ëmmer erëm héiert, an ech hunn déi och hei vun de Riedner héieren: „Et ass kee richteg Studenteliewen do.“ Et gëtt e puer Ursachen: Dat eent ass natierlech de Logement – wa mer keng Wunnengen hunn, da sinn d'Studenten net méi do owes –, da Parking, ech hunn et gesot, öffentliche Transport.

Douzou gehéiert och d'Accessibilitéit zu den Infrastrukturen, fir ze feieren a sou weider. Ech mengen, do huet sech eng Partie gedoen. De Fonds Belval gëreiert déi jo. D'Studente soen nach heiansdo: „Et ass ze vill komplizéiert, ze vill administrativen Opwand.“ De Fonds Belval seet awer op där anerer Säit: „Mir mussen dat maachen, fir datt mer u sech garantéieren, datt jiddweree ka vun den Infrastrukture profitéieren.“ Ech denken einfach, datt et wichteg ass, datt ee garantéiert, datt hei déi eenzel concernéiert Leit och reegelméisseg mateneen a Kontakt sinn a schwätzen. Datt dat eppes hëlleft, dat weist zum Beispill, datt de Luxembourg Learning Centre jo och elo siwen Deeg op siwen op ass. Dat war net ëmmer de Fall. Dat war awer eng Demande vun de Studenten, well se dat virun allem eeben och während den Examszäite brauchen. An der Vakanz brauche se dat natierlech net.

De Fonds Belval huet och – ech hu mech informéiert – am Abrëll e Basketsterrain opgemaach, eng Petanquepist; dat heescht, et geet viles an déi richteg Richtung. Et kéint een d'Attraktivitéit awer trotzdeem och nach steigern. Ënnert der Bibliothék ass ee Raum, deen net genotzt gëtt, elo schonn eng Zäitche laang. Firwat kéint een net do kucken, fir, ech weess net, Restopolis et ze ginn, fir datt déi och owes géifen eppes ubidde fir d'Studenten – ech mengen, Restopolis huet ëmmer nëmme bis 16.00 Auer op –, datt een och do owes eppes kéint maachen, oder fir eeben engem aneren dat zur Verfügung ze stellen? Da muss ee vläicht de Loyer erofsetzen. Ech weess net, wéi héich de Loyer ass, mee et ass ëmmer alles besser wéi en eidelt Lokal fir d'Studenteliewen.

Da stellt sech natierlech och d'Fro vun de Sportsinfrastrukturen. Sport ass wichteg fir d'physisch Gesondheet. En ass awer och wichteg – virun allem an der Coronazäit hu mer dat gesinn – fir d'psychesch Gesondheet. Et ass e grouse Sportkomplex geplangt. Do wär et fir eis wichteg ze wëssen: Wéi wäit ass deen an der Planung? Wéini kann en operationell sinn?

Dann dee véierte Punkt, just ganz kuerz, vun de Studiengäng, an do ginn ech sécherlech net op alles an, mee just op zwee Punkten, déi elo e bësse méi aktuell oder akut sinn: Dat sinn eemol d'Gesondheetsberuffer an eemol d'Enseignantsausbildung.

De 5. Mee 2021 hat d'Regierung u sech eng gréisser Reform vun de Gesondheetsberuffsformatiounen ugekënnegt, mat engem Bachelor fir d'Infirmieren. Et sollen och nach zousätzlech Bachelorstudiegäng hei derbäikommen. Ech wëll hei nach eemol ënnersträichen, datt wierklech vum Terrain kee mat där Virgeeënswies vum Här Minister Meisch a vun der Madamm Lenert do averstanen ass. Ech erënneren nach eng Kéier un déi Petitioun, déi mer hei haten, wou d'Gewerkschaften do waren, wou de Beruff vertraude war, wou d'Studente vertraude waren an déi gesot hunn: „Kommt, mir schwätze mateneen! Kommt, mir kucke mol, wéi eng Attributioun mer den eenzelne Beruffsbiller zoudefinéieren! Da kucke mer, wat mer op wéi engem Niveau vun Akte kënnen maachen. An da maache mer eng Reform aus engem Goss.“

Also mir bedauern als CSV, datt déi Reform aus engem Goss nach ëmmer net gemaach ginn ass. Ech

weess, datt et net vill déngt fir sech opzereegen. Mee ech fannen et awer eng Frechheet, virun allem fir déi Beruffer, wou mer nach soen, elo an der Pandemie: „Mir hunn Iech gebraucht, mir klappen Iech och nach fein“, an dann, wann et drëm geet, fir se ze froen, da lauschtere mer net op se!

Also ech probéieren dat elo, schéi roueg meng puer Froen ze stellen: Wéi wäit sinn d'Aarbechte bei der Planung vun der Bachelorinfirmiëresausbildung? Bleift et bei der Rentrée 2022/2023, wou se soll ulafen?

*(Interruption)*

Wéi eng Enseignanten/Professere solle rekrutiert ginn?

*(Interruption)*

Wéi genau sinn d'Attributiounen fir déi verschidde Beruffer definéiert?

An da just nach kuerz bei d'Medezinnerausbildung: Mir wëssen, datt mer net genuch Dokterer hunn, ...

*(Interruption)*

... datt mer mussen och do d'Ausbildungen attraktiv maachen. Mir hunn de Bachelor 2020 agefouert. Wéi wäit ass et mat der Planung vum Master an deem Beräich?

Sou. Dann nach ganz zum Schluss d'Enseignantsausbildung: Mir brauche méi Enseignanten. Mir brauche méi Ausbildungsplazen op der Uni. Den Här Minister huet eis dat 2021 gesot, hie géif mat der Uni schwätzen, fir méi Ausbildungsplazen ze kréien. Ech hunn elo virun e puer Wochen erëm eng Kéier héieren, hie géif mat der Uni schwätzen, fir méi Ausbildungsplazen ze kréien. Ech fannen, datt do déi Decisioun scho längst hätt misse geholl ginn. Et ass een Hiewel, fir do unzesetzen, fir méi Enseignantsausbildung ze schafen, fir dann och méi Enseignanten ze kréien. Et ass net dee wichtigsten, mee et ass awer deen einfachsten. An dofir d'Fro: Wéi vill méi där Plazen hu mer op der Uni um Belval fir d'nächst Joer?

Ech soen Iech Merci.

*(Interruptions)*

Ech mengen, den Här Kersch wëll nach eppes soen. Ech héieren hien hei déi ganzen Zäit.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. Den Här Kersch nach.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech hunn Iech ganz opmierksam nogelauschert.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Ja?

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech ka ganz gutt novollzéien, datt Der dës Geleeënheet elo genotzt hutt, fir déi Saachen hei ze bréngen. Mee ech mengen, an der Schoul, an Dir kommt jo aus der Schoul, do hätt Der eng Datz kritt, well Der einfach um Thema erlaanschtgeschwat hutt!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Majo, da kann ech Iech just ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | An dofir wollt ech Iech soen: Ganz an der Géigend vun der vum Belval ass och nach eng Tankstell. Dir hätt och nach kënnen iwwert d'Benzinsspräisser schwätzen, ...

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Ech kann Iech ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | ... mee dann hätt Der och eng Datz kritt!

*(Exclamations)*

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Sou, Här President, ech fannen zwar dem Här Kersch seng Interventioun eng zimmlech Frechheet!

*(Interruptions et brouhaha)*

Ech soen dem Här Kersch nämlech, datt, wann en d'Interpellatioun vun der Madamm Semedo (veuil-  
lez lire: Madamm Ahmedova) gelies hätt, da wier ee  
Punkt d'Uni gewiescht!

*(Brouhaha)*

An zur Uni gehéiert net nëmme d'Gebai, mee zur  
Uni gehéiert och den Inhalt, Här Kersch.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen (CSV)** | Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm  
Hansen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier a  
Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, den  
Här François Bausch.

*(Brouhaha)*

**Prises de position du Gouvernement**

**M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des  
Travaux publics** | Merci, Här President. Merci virun  
allem un d'Madamm Ahmedova fir hir Interpellatioun  
a selbstverständlech allen Deputéierte fir hir Inter-  
ventiounen an hir Froen, déi se gestallt hunn.

Ech wëll vläicht ufänke mat enger Remark par rapport  
zu der Entwécklung vun de Friche-industriellen a fir-  
wat datt ech mengen, datt dat esou wichteg ass, datt  
mer déi Friche-industriell fir eppes Neits notzen.

Fir mech ass déi gréisst Erausforderung vun der  
Mënschheet, déi mer vun engem Nohaltegkeits-  
standpunkt an deenen nächste Joerzénge wäerten  
hunn, d'Benotze vum Buedem. Mir hunn natierlech  
e Klimaproblem, deen ass och alarmant an drama-  
tesch. Mee ech si perséinlech iwwerzeegt, datt de Kli-  
maproblem léisbar ass, well mer do Techniken hunn,  
Alternativen hunn, alternativ Formen hunn, wéi mer  
eis kënne beweegen a sou weider, déi kënne ma-  
chen – wa mer dat mat Courage ugin –, datt mer de  
Klimawandel an de Grëff kréien. Vill méi dramatesch  
ass et awer bei der Notzung vun eisem Buedem. Well  
dee Sproch, dee berüümte Sproch: „Mir hunn nëm-  
men eng Äerd“, dee betrëfft virun allem d'Notze vum  
Buedem.

Et ass esou, datt natierlech de Biodiversitéitsverloscht  
an alles dat, wat op der Äerd ass, wat oft nëmme ee-  
moleg do ass, sech natierlech um Buedem befënnt. A  
vu datt de Mënsch immens gurmangseg ass mat der  
Notzung vum Fläch, d'Bevëlkerung ëmmer méi  
grouss gëtt weltwäit – wann Der kuckt weltwäit, wéi  
d'Statistike sinn, wat gerechent gëtt, wéi héich de  
Bevëlkerungswuesstum ass bis um Enn vun dësem  
Joerhonnert –, a wa mer da genausou verschwende-  
resch mam Buedem a mat der Notzung vum Buedem  
ëmging, wéi mer dat gemaach hunn an deene lescht-  
ten 150 Joer, da geet d'Boot ënner. Da geet et defini-  
tiv schiff!

An deementspriedend ass et net fir ze soen: „Mir  
kënnen eis net méi entwéckelen, net méi weiderent-  
wéckelen, net méi ekonomesch oder wat och ëm-  
mer“, mee et ass virun allem fir opzepasst, datt, wa  
mer eis entwéckelen, datt mer méiglechst net neie  
Buedem notzen. A virun allem betrëfft dat natierlech  
ekonomesch Aktivitéiten, an an alleréischter Instanz  
ass opzepasst, datt mer dann déi Plazen, déi schonn  
eng Kéier benotzt gi ware fir eng aner industriell Akti-  
vitéit, wierklech esou séier wéi méiglech erëmbenot-  
zen an do aner Aktivitéiten dropsetzen.

A genau dat ass um Belval decidéiert ginn. Duerfir  
hunn ech dat vun Ufank un – an och meng Partei, ech

war deemools jo hei an der Oppositioun, wéi deen  
Theema lancéiert ginn ass vun der virviregter Regie-  
rung, der virviregter Regierung, et ass jo schonn  
alles esou laang hier – eng gutt Iddi fonnt aus lan-  
desplaneresche Grënn, aus Grënn vun eeben enger  
effikasser Notzung vum Buedem, wéi ech et erkläert  
hunn. An ech fannen et och desto méi wichteg, datt  
déi aner Friche, déi mer hunn am Land, dat ass  
Schëffleng, d'Friche vun Esch-Schëffleng, ... Et muss  
een oppassen, mir hunn et hei mat ville Lokalpatrio-  
ten ze din, datt een dat net an der falscher Reiefol-  
leg seet. Et ass „Esch-Schëffleng“, well de gréissten  
Deel vun där Friche ass um Territoire vun der Gemeng  
Esch.

Et sinn awer och nach vill anerer am Land, ob dat am  
Norden ass, wéi zu Wolz, ob et an der Stad ass, wou  
et Hollerech ass, Dummeldeng. An dat sinn enorm  
Flächen, déi mer nach do hunn. Dat heescht, dat be-  
weist natierlech och, datt, wa mer richtig gutt a ra-  
tional an nohalteg ëmgi mat deene Flächen, datt mer  
dann nach immens vill Potenzial hunn, fir eis ze ent-  
wéckelen, ouni datt mer nei versigele mussen oder  
ginn. Mee dat muss natierlech optimal genotzt ginn.

Et ass och vill geschwat gi vun der Vergaangenheet  
vum Kierchbiurg. An de Kierchbiurg ass e Beispill,  
wéi et net optimal genotzt ginn ass. De Kierchbiurg  
war keng Industriebrooch. Dat kann ech Iech mat Ge-  
wëssheet soen, well ech sinn e Weimeschkercher an  
ech hu vill als Kand um Kierchbiurg gespillt. Du waren  
nach Felder do. Du war guer näischt do. Bon, dunn  
ass dat emol decidéiert ginn an dunn ass dee Platto  
entwéckelt ginn. An dat ass am Fong op eng Aart a  
Weis entwéckelt ginn, wéi ech mengen ... A wann  
een d'ganz Geschicht kuckt, ech wëll net behapen,  
datt mer net elo haut e Resultat hunn, wat awer ok  
ass oder wat ufänkt, ok ze ginn, mee et war net ganz  
rational, wéi mer virgaange sinn.

Dat hu mer natierlech um Belval schonn e gudde  
Krack besser gemaach. An déi Iddi an och d'Aart a  
Weis, wéi mer dat um Belval gemaach hunn, an och  
d'Approch ware vill besser, mee kommt, mir sinn  
éierlech – an et ass jo och vu bal allen heibanne ge-  
sot ginn –, et war awer och net gutt. Et war, géif ech  
soen, suboptimal, well do sinn awer nach ëmmer vill  
Feeler geschitt.

An déi gréisst Feeler, déi geschitt sinn, an déi gréisst  
Schwaachpunkten, dat ass natierlech, datt mer den  
Urbanismus net richtig gutt ugepaakt hunn. Mir hu  
virun allem decidéiert – wat och richtig war –, déi  
Flächen all ze notzen, vill wichteg Gebaier do ze im-  
plantéieren, d'Uni dohinner ze implantéieren, och  
Industriepatrimoine ze erhalen. Et muss een awer  
och soen, datt do vill Sträit ronderëm war an dat och  
net vum selwe geschitt ass. Do ass sech vill agesat  
ginn, ob et d'Gewerkschafte war, vun Denkmalschüt-  
zer, fir dee Patrimoine ze erhalen. Mee soit, dat ass  
awer geschitt an et wäert och nach weider geschéien.  
Mee d'Schwaachpunkte si ganz kloer, déi gëtt et. Dat  
ass, datt mer dat alles e bëssen niewenteneegestallt  
hunn an den Urbanismus am Ufank, mindestens déi  
éischt 10, 15 Joer – et ass och elo egal, firwat dat war,  
mee et muss een dat einfach esou soen, datt dat e  
Kritikpunkt ass –, net seriö geholl ginn ass.

Mir hunn déi lescht Joren am Fonds Belval, do war elo  
d'Madamm ... Also de Virgänger vun dem Daniela Di  
Santo, där aktueller Direktesch also, déi elo do ass,  
de Luc Dhamen, deen hat scho vill probéiert, mam  
Urbanismus eppes ze maachen, an elo déi nei Direk-  
tesch probéiert, dat och weiderzeféieren. An do si vill  
där Elementer dran, déi och hei vëllig zu Recht kriti-  
séiert gi sinn. Dat ass d'Fro vu Plazen, der Beliewung  
vu Plazen, Gréngzonen, Gréngflächen, ze kucken, datt  
et endlech e Quartier gëtt, deen och vu banne méi

lieft. Mee do ass awer nach vill Loft no uewen. An do  
gëtt awer och vill dru geschafft. Do sinn also nach vill  
Iddien do.

Deen zweete Punkt, wou wierklech e Risefeeler ge-  
maach ginn ass, dat ass d'Mobilitéit. Et ass zwar am  
Ufank e Modalsplit decidéiert ginn, dee vläicht fir  
déi Zäit scho bal revolutionär war, vu 60/40. Ech ka  
mech dorunner nach ganz gutt erënneren, hei an der  
Chamber, wéi mer dat alles diskutéiert hunn déi Zäit.  
60/40, natierlech war dat zu deem Zäitpunkt, wéi mer  
national e Modalsplit hate vu 15/85, dunn immens,  
huet dat immens revolutionär geklongen, mee wës-  
send, wat mer do implantéieren, nämlech virun allem  
Uni, Studenteliewen, Rockhal, villes, wat duerno  
komm ass, alles Saachen, wat awer vill Beweegung  
generéiert, wat dat awer eigentlech och, menger  
Meenung no, net héich genuch. Et hätt ee misse méi  
ambitiéis déi Zäit sinn.

Duerfir gëtt och am Moment dat Verkéiers-, dat Mo-  
bilitéitskonzept, wat 2009 ausgeschafft ginn ass,  
komplett iwwerschaft, dat ass an Aarbecht. Ech kom-  
men och op e puer Saachen nach ze schwätzen, wat  
mer do wëllen iwwerdenken. An da versiche mer och,  
eng Rei Saachen do nozebesseren.

Ech wëll awer fir d'éischt ufänke mam Logement.  
Bon, de Logement, do ass et esou, datt de Fonds  
Belval selwer jo elo net direkt domat ze din huet.  
Ech mengen, et muss een oppassen, et ass vill hei ge-  
schwat ginn elo vun Agora. Agora ass eng geméisch  
Gesellschaft, déi zu 50 % privat – also ArcelorMittal –  
ass an zu 50 % Staat ass. Dat ënnersteet dem Claude  
Turmes, hie wäert herno och e puer Wuert sécher do-  
zou soen. Mee ech schwätzen elo méi aus der Siicht  
vum Fonds Belval selwer. Do gëtt et awer eng Rei  
Projeten an d'Madamm Hansen huet een opgezielt  
virun, dat sinn déi véier Tiern, déi wäerte gebaut  
ginn. Do sinn och effektiv 126 Studentewunnenge vir-  
gesinn.

Et ass och natierlech esou, datt dat sécherlech net  
duergeet. Do si mer eis och alleguerten eens. Ech  
wëll awer och soen, wat de Logementsproblem ube-  
laangt: Mir hunn en nationale grouse Logements-  
problem, dat ass och evident, mee mir maachen  
ëmmer e bëssen esou, wéi wa mer do quasi zu Lëtze-  
buerg ..., wéi wann et bei eis besonnesch dramatesch  
wä par rapport zum Rescht vum Ausland. Dat ass sé-  
cherlech richtig, wa mer eis als Länner vergläichen,  
mee eigentlech ass Lëtzebuerg jo zwar e Land, mee  
mir sinn e Land, wat awer vun der Surface hier, loosse  
mer soen, eng limitéiert Dimensioun huet. Mee virun  
allem si mer en extreem staarke Wirtschaftsstand-  
uert, mat engem PIB, deen deen héchsten ass an  
der Europäescher Unioun, mat deementspriedend  
natierlech enger Dynamik, déi och déi ass, déi mer  
all kennen. An dat mécht natierlech, datt déi Präisser  
vum Logement insgesamt esou héich sinn. Mee dat  
ass awer net anescht, wann Der géift elo muer kucke  
goen op Frankfurt, an d'City op Frankfurt. Oder wann  
Der géift an d'City vu London goen oder Dir géift  
matzen a Paräis goen, wou et jo och Unie gëtt, zum  
Beispill, wou et och Studenteliewe gëtt, da géift Der  
warscheinlech feststellen, datt d'Problemer do net  
aneschters gelagert si wéi hei.

Dat ass elo keng Entschëllegung, wann ech dat soen.  
Et ass net elo fir ze soen: Dofir brauche mer näischt  
ze maachen. Au contraire! Mee ech mengen awer,  
dat solle mer eis awer och e bësse virun Aen halen  
an eeben och gesinn, datt et komplizéiert ass, fir hei  
virzegoen, well mer natierlech als Staat eng Respon-  
sabilitéit kënnen hunn an déi och mussen huelen. An  
zum Beispill déi véier Tiern, déi do gebaut ginn, do  
wäert och de Logement esou gestalt ginn, datt e vum  
Sozialen a vum Erschwénglechen hier Krittären huet,



déi ganz kloer sinn. Mee mir hunn awer net all déi Terrainen ënner Kontroll. Et ass och villes privat. Do ass dat méi schwéier.

Dann huet de Staat och nach eng Reserv vun 1,10 Hektar. Déi läit op deem ganze Gebitt, wou de Square Mile ass. Do sinn och elo 181 Wunnengen scho virgesinn, déi dohinner solle kommen. Ech weess awer elo net, ob do virgesinn ass, ob do Studente solle sinn oder net. Ech mengen, dat ass och nach net genau definéiert, well dat ass nach e bësse méi wäit ewech.

Dann hu mer och nach an der Hal „All We Need“ ... Do sollen och virun allem Studentewunnengen kommen oder Wunnengen fir Enseignanten, déi eeben, wéi d'Madam Hansen och gesot huet, heiansdo sporadesch nëmmen op der Uni sinn, well se während e puer Méint Coursen halen oder iergendeppes Spezifesch, eng Fuerschungsaarbecht oder wat och ëmmer, do maachen.

An zu der Fro – den Här Spautz hat dat jo och gefrot –, wat mat der Hal geschitt: Mir hunn eis zu véier, fënnef Ministèren och elo schonn e puermol concertéiert an et ass elo esou, dat mat grousser Warscheinlechkeet eng Etüd an Optrag geet, wat soll drakommen. D'Besoine si vun de Ministèren abruucht ginn. Mee wéi et soll gestalt ginn a wéi et soll ausgesinn herno, do wäert d'Uni elo, de Service Architektur/Urbanismus vun der Uni, also e puer Leit vun deenen, eng Studie maache loosse, fir dann den Detail auszuschaffen.

Mee dat wäert alles an deenen nächste Jore geschéien. Déi Hal ass och klasséiert, also wierklech protégéiert. Déi soll och net ofgerappt ginn. Bon, et ass natierlech komplizéiert, well et eng riseg Fläch ass. Si ass sanéierungsbedierfteg vu vir bis hannen. Et muss ee sech däärs einfach bewosst sinn. A wa mer gäre wëlle verënnern, datt déi riseg Fläch ënnen doudeg ass, da muss mer natierlech eppes maachen, wou d'Beleegung uewen anescht ass wéi ënnen, datt ënnen eppes ass, dat och owes leeft zum Beispill. Soss schafe mer do eppes op enger Risefläch, wat net ganz glécklech ass.

Also do geschéien nach ganz vill Saachen. D'Aarbecht geet dem Fong Belval ganz sécher net aus. Au contraire! Dat ass alles a Beweegung.

Bon, da sinn déi Gebaier ..., ech wëll déi net nach eng Kéier all opzielen, well dat scho vun e puer Leit gemaach ginn ass. Souwisou hate mer dat an der Kommissioun jo och gesot, wat fir eng Gebaier elo schonn am Bau sinn oder an der Planung sinn. Duerfir, wéi gesot, widderhuelen ech déi net alleguerten. Dir musst awer wëssen: De Fonds Belval, dat ass jo awer eng beschränkt Ekip, a wann Der kuckt, wivill Projeten déi de Moment ze geréieren huet, dat sinn der net wéineg.

Ech sinn och frou, datt mer an der leschter Legislaturperiod d'Gesetz vum Fong Belval geännert hunn, datt mer net méi fir alles mussen e Gesetz maachen, also ënner 40 Milliounen. Fréier war et jo egal, ob et 5 Milliounen waren oder 15 Milliounen, et huet ee mussen e Gesetz maachen. Mir si jo elo hei am nammlechte Cas de figure wéi bei normale Bauprojeten: datt e Gesetz eréischt muss kommen iwwer 40 Milliounen. Dat gëtt eis awer eng gewësse Flexibilitéit, fir verschiddeentlech kënne méi séier ze schaffen.

Dann zu der Mobilitéit, nach méi am Detail. Bon, et ass esou, datt, wéi ech gesot hunn, d'Ambitioun muss méi eropgoen, wéi een dee ganze Site gestalt, mobilitéitsméisseg. A wann ech natierlech soe „mobilitéitsméisseg“, dann ass dat automatesch och urbanistesches, well d'Mobilitéit ze reorganiséieren – sou steet et jo och am Plan national 2035 – huet ëmmer och eng Implikatioun, oder muss eng hunn, datt een

dann och nei Chancë kritt, fir den Urbanismus ze iwwerdenken, fir d'effentlech Raim ze iwwerdenken. Et gëtt och schonn op dem Site selwer vill verkéiersberouegt Plazen, wou guer keen Auto fiert an déi nëmme fir d'Mënschen do sinn. Do ass och nach méi Potenzial dran, mee dat setzt awer viraus, datt mer nach eng ganz Rei Investissementer fir d'éischt musse maachen, ier dat fonctionéiert.

Dat Éischt, wat gefrot ginn ass, dat war eng Foussgänger-/Vëlosverbindung. Dat huet mech vun Ufank u gestéiert, wéi ech de Ministère iwwerholl hunn. Eigentlech war et natierlech eng kommunal Aufgab gewiescht, well et an enger Gemeng oder tëschent zwou Gemengen ass, haaptsächlech, wou dat Ganzt ... Am Ufank war keng national PC do virgesinn, mee vu datt et komplizéiert war, hunn ech ee Moment decidéiert an der Regierung proposéiert, datt dann de Staat dat soll iwwerhuelen. Dofir baue mer jo déi grouss Vëlosbréck. Et gëtt déi längst Vëlos-/Foussgängerbréck an Europa. Et gëtt och e ganz schéine Projet. An ech kann Iech berouegen: Spéitstens am Januar geet se op, ass se fäerdeg. Also Januar d'nächst Joer, a wa mer Chance hunn, schonn am Dezember. Et hânt e bëssen dovunner of, wéi d'Aarbechten, also och saisonal, kënne viruoen. Mee am Januar wäert déi Bréck ganz sécher opgoen.

An da mussen natierlech d'Gemengen Esch a Suessem, mee virun allem an deem heite Fall Esch, Zoubringerachsen, also Zoubringervëlospiste bauen op déi grouss Pist. An da muss mer natierlech – an dat gëtt an deem neie Konzept, mat deem mer dat vun 2009 iwwerschaffen, jo matgeduecht – kucken, wéi mer innerhalb vum Fong Belval, also vun der Surface vum Belval selwer, der Uni, d'Vëlosweeër massiv kënne verbesseren, well et natierlech kloer ass: Esou, wéi se haut sinn, entspreche se sécherlech net deem, wat een, mengen ech, misst hunn, fir datt déi Infrastruktur gutt ass.

Da kënnt de Bus, de Couloir à haut niveau de service. Et ass ee virgesinn, fir duerch de Belval ze fueren. Natierlech wëlle mer mat deem och d'Konnexiounen maache a Richtung Frankräich. Am Kader vun dem Projet Rout Léns soll jo d'Eisebunnstreck vun Esch–Oth ersat ginn duerch e CHNS. A mir sinn och mat de Grenzegiounen, mat deene Gemengen am Gespréich. Mir wëllen, datt hei och een, dech gefrot huet, fir iwwer Esch–Oth rauszegoen ... oder, datt mer d'Regioun och ëmfaassen. Soss mécht dat Ganzt jo och kee Sënn. Ech mengen, et geet jo drëms, datt mer kucken, datt deen Austausch, deen do stattfënnt, gutt ass, d'autant plus, wou eeben op deem Deel a Frankräich immens vill Wunnengen entstinn a warscheinlech all déi, déi dohinner wunne kommen, nach alleguerten déi aner Sait wäerte schaffen. Dat heescht, duerfir muss mer do optimal Verbindungen kréien.

Den Tram rapide. Bon, den Här Keup huet gemengt, dat wär net séier, 13 Joer, fir dat alles ze bauen. Ech weess et net, mee dat ass awer pas mal, wat mer do maachen. Wa mer dat hikeréien an den 13 Joer, da sinn ech déck zefridden. Well Dir musst awer gesinn: Dat Stéck elo zwëschent Leidelen an ..., also tëscht der Cloche d'Or an, loosse mer soen, Féiz, dat geet relativ einfach, well mer do laanscht d'Autobunn fueren, do net vill Urbanismus hunn. Mee soubal mer natierlech an de Raum Esch-Monneresch-Schëffleng kommen, also bis op de Belval, da komme mer erëm a bebaut Gebitt. Dann hu mer all déi Schwierigkeiten, déi mer och an der Stad hate beim Tracé, dat heescht, do geet de Bau natierlech bei Wäitem net esou séier weider wéi wa mer ausserhalb vu bebautem Gebitt sinn.

Mee wéi gesot, mir sinn awer déck um Schaffen. Déi Etüde lafen. Eng Rei Projete wäerten och nach an dëser Legislaturperiod deposéiert ginn, zwar net direkt

am Zesummenhang mat Esch, mee déi awer och d'Viraussetzung sinn, datt dat herno fonctionéiert mam Austausch mat Esch.

Da wäert och den Zuch nach vill verbessert ginn. Et komme jo Arrête bäi. Zu Schëffleng kënnt nach een. Bei d'Gare Esch kënnt nach warscheinlech een Arrêt bäi. An Dir hutt herno och de Virdeel, wann Der dann op de Belval wëllt fueren, wa mer bis fäerdeg si mat der Gare Lëtzebuerg – wat jo ganz eminent ass, déi Quai si gebaut –, datt mer Duerchgangszich kënne maachen. Dir kritt herno Verbindungen vun Ettelbréck, vun Dikrech riichtduerch op de Belval. Dat heescht, do wäerten natierlech riseg Zäitgewënner kommen, wann dann den Zoubringer gutt ass, och vum Éislek erof op deen neie Pôle d'échange, dee mer jo zu Ierpeldeng bauen, dee Park&Ride, deen dohinner kënnt.

Also alles dat sinn Elementer, déi gehéieren dozou, datt ee mam effentlechen Transport och vu méi wäit ewech kann da vill méi rapid zum Beispill op d'Uni kommen, wéi dat haut de Fall ass. Mee dat muss natierlech alles gebaut ginn. Dat ass nach net do. Mee et steet awer alles am PNM dran, datt dat bis 2035 soll fäerdeg sinn. A wéi gesot wäerten déi duerchgebonnen Zich maachen, datt d'Verbindungen vill besser gi wéi haut.

Da muss een och dat Ganzt am Zesummespill gesinn. De Bus à haut niveau de service, also de Couloir à haut niveau de service bus, déi Elementer muss ee gesi mam Zuchausbau, mam schnellen Tram, mat de Vëlospisten, mat de Park&Riden, déi jo all gebaut ginn. An et dierf ee sech, wann ee sech dann iwwer Park&Riden, iwwer Parkplazen ënnerhält, elo net nëmmen déi um Site selwer virstellen, mee et muss een och all déi matarechnen, déi ee kann notzen a vu wou een dann awer eng schnell Verbindung op de Site huet.

Um Site selwer, do gëtt et haut 13.000 Parkplazen, an dat sinn der net wéineg. A mir mussen wëssen, datt de Parkraummanagement ... Wa mer gären hätten, datt de Site leeft, datt mer méiglechst vill Liewen um Site kréien, wéi jiddweree sech dat hei wënscht, da muss mer kucken, datt mer méiglechst wéineg individuelle motoriséierte Verkéier um Site selwer hunn, respektiv sinn dann natierlech déi 13.000 Parkplazen der scho relativ vill. Et ginn der och nach gebaut, deen een oder anere Parking, dat ass ganz sécher. Mee den Haaptobjektiv muss sinn, dee Modalsplit, dee mer hunn ..., mindestens ee vu 60/40 ze erreechen. Do si mer nach wäit ewech dervun.

Ech hunn hei d'Zuelen. Dat sinn zwar elo d'Zuele vun 2017, déi entre-temps vläicht e bësse verbessert sinn, well mer entre-temps jo och schonn eng Rei Saache gemaach hunn, mee wann Der bedenkt: Dir hat pro Dag 35.000 Beweegungen um Site. Dovu si 7 % ze Fouss oder mam Vëlo gemaach ginn an 23 % mam effentlechen Transport. Also do si mer nach wäit ewech vun deene 60/40, déi am Fong ursprénglech geplangt waren. An ech mengen, wéi gesot, do misst een do-robber erausgoen. Mee dorunner gëtt geschafft.

De PNM gëtt e ganze Koup Äntwerten – wann een déi am Zesummenhang kuckt –, wéi dat alles ze gesinn ass, fir datt dat awer realistesch méiglech ass. An ech kann nëmmen all deene Recht ginn, déi soen: „Jo, mir hunn de Feeler gemaach, joerzengtelaang, datt mer ze vill“, ech wëll net soen „autolaaschteg“ geplangt hunn, mee einfach „op ee Verkéiersmëttel ausgeriicht geplangt hunn.“ A virun allem hu mer oft esou geplangt, datt mer fir d'éischt entwéckelt hunn an dann eréischt herno festgestallt hunn, wat d'Problemer bei der Mobilitéit sinn. An dat muss jo onbedéngt aneschtens ginn. Dat ass jo och den Haaptobjektiv vum PNM 2035.

Dann ass och ganz sécher nach Carsharingpotenzial op dem Site. De Flex gëtt jo ausgebaut. D'CFL hu jo déi Gesellschaft esou ëmgestalt, datt se sech net méi ausschliisslech op d'Garé konzentréiert, mee e Service wëllt ubidden am ganze Land. An do muss natierlech de Site hei och eng gréisser Roll spillen an der Zukunft.

Dann nach vläicht zwee Sätz zum Schluss – well meng Kollege soss keng Riedezäit méi hunn – iwwert déi Fro vun der Energie an de Gebaier. Ech mengen, mir hunn – et ass jo erwänt ginn – eng Rei Gebaier mat Solarenergie ekipéiert. D'Standarden, wéi mer déi nei Gebaier do wäerte bauen oder och gebaut hunn, sinn ëmmer ganz héich geschrauft, wat d'Energieeffizienz ubelaangt. An datt dat esou ass, dat hu mer och 2018 unerkannt kritt, well mir kruten 2018 en internationale Präis fir beispillhaft ze si par rapport zu den Efforten en matière de réduction de consommation d'énergie. An do gëtt et en anere Concours, deen heescht Cube 2020, do hu mer och elo matgemaach, well mer natierlech frou waren, datt mer scho bei deem éischten ausgewielt gi si wéinst där Aart a Weis, wéi mer virginn, soudatt ech mengen, datt mer do op engem gudde Wee sinn. Natierlech ass och nach net alles fäerdeg.

Mee wann Der zum Beispill awer bei der Rockhal kuckt, déi Iddi, déi lescht fënnf Joer hu mer dat gemaach: Do ginn haut 50 % vun der Consommation vum Stroum vun der Rockhal vun der Rockhal selwer produzéiert. An dat ass enorm! Well d'Rockhal, do brauch et vill Jus, kënn Der Iech virstellen, mat deenen Anlagen. Mee do gesäit een einfach, wat fir e Potenzial do ass, wann een dat gutt upeekt; niewent dem Fait, datt natierlech dat Gebai och gutt isoléiert ass. Also, wéi gesot, do si mer um gudde Wee. An dat kréie mer jo och bestätegt duerch déi Präisser, déi mer international kritt hunn.

Voilà! Domadder géif ech nach eng Kéier Merci soen. Ech géif dann dem Claude Turmes an dann duerno dem Claude Meisch d'Wuert ginn. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här François Bausch. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo den zoustännege Minister fir den Aménagement du territoire, den Här Claude Turmes.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Aménagement du territoire | Villmools merci, Här President, a léif Kollege, merci der Madamm Ahmedova fir déi Interpellation. Ech mengen, elo an der Kontinuitéit vun deem, wat de François Bausch gesot huet, deen eebe fir den Deel vum Fonds Belval zoustänneg ass, an natierlech och den Transportminister ass: Agora ass eng Mixstruktur, déi jo gemaach ginn ass, well déi Terrainen hu gréisstendeels ArcelorMittal gehéiert an dunn ass deemools eng Société mixte gemaach ginn, déi eebe 50 % ArcelorMittal ass a 50 % Staat. An de Landesplanungsministère ass eigentlech de Ministère, deen och d'Presidence stellt an der Agora.

Duerfir, de François Bausch huet am Ufank eppes gesot, wat fir eist Land, mengen ech, immens, immens wichteg ass: Mir sinn extreem dynamesch! Ech mengen, mir sollen och houfreg dorobber sinn. Mee mir verbrauchen ze vill Buedem. An duerfir muss mer déi nächst Joren nach méi konsequent an déi Richtung goen, déi mer eigentlech sengerzäit um Belval ageschloen hunn, dat heescht, scho benotzten Terrain notzen an net ëmmer erëm neit Gréngland. Dat ass iwwerengs och wichteg fir d'Landwirtschaft. An ech mengen, dat ass eppes, wat mer hei maachen an och an anere Projeten.

Fir um Belval ze bleiwen, de François Bausch huet schonn dervunner geschwat, mir maachen elo zwëschen Agora, dem Fonds Belval, der Suessemer

Gemeng an der Escher Gemeng en neit Verkéierskonzept, dat einfach kuckt: Wéi war dat am Ursprung geduecht? Wou wëlle mer elo hin? An ech mengen, d'Iddi ass ganz kloer, dass do méi gemaach gëtt fir de Vëlo. An de Verkéier gëtt warscheinlech dann e bëssen aneschtlers do strukturéiert, haaptsächlech op deem Boulevard. Dat erlaabt eis et och, dass mer méi effentlech Plaze kréien. An ech mengen, dat anert ass: Wann een dat haut nach eng Kéier géif plangen, géife warscheinlech méi Beem dohinner kommen. An do muss mer da kucken, wat do am Nachhinein nach méiglech ass.

Gutt, dee Projet leeft. Dat heescht, et sinn zwee Bureau-d'étuden amgaangen, a mir profitéieren och notament vun engem Büro, dee matgemaach hat bei „Luxembourg in transition“, fir eeben och, loosse mer soen, méi a Richtung ze goe vu Quartieren, déi méi autoaarm sinn.

D'Solarenergie huet de François Bausch erwänt. Do si mer och elo um Deel Belval-Sud, dee méi op der Suessemer Säit ass, amgaangen ze kucken, fir do am Solar – an eeben och mat de Leit zesummen, déi do an déi nei Haiser kommen – e Vorzeigeprojet ze maachen.

Abordable Wunnraum. Also, ech mengen, wann dee Quartier haut nach eng Kéier géif geplangt ginn, da géif een dat aneschtlers maachen. Mee erënnert Iech drun: Belval war net geplangt als e Wunnquartier. Belval war geplangt als e Pendant vun der Stad Lëtzebuerg, fir Aarbechtsplazen ze kreéieren. An duerfir, dat ganzt Ëmfeld war ni geduecht, fir dass dat sollt e Quartier ginn, wou elo besonnesch vill Wunnengen oder Sozialwunnenge sollten entstoen. Gutt. Elo am Nachhinein mécht zum Beispill Agora mat eeben der Gemeng Suessem op deem Deel och méi fir den abordable Wunnraum.

An dann eng lescht Saach, an dat ass, mengen ech, e rekurrente Problem an esou neie Projeten, wann s de zwee, dräi Acteuren hues, dass dann ëmmer d'Fro ass: Wien ass dann eigentlech de Citymanager oder de Quartiersmanager vun deem Deel? An do si mer och amgaangen ze iwwerleeën, ob een net misst eng Form fanne wéi deelweis zu München. Do gëtt et en neie Quartier, do hu se extra en Intranet, fir d'Leit, och all déi, déi dohinner an dee Quartier kommen, méi anzebannen. A mir sinn och amgaangen, an déi Richtung ze iwwerleeën, wéi mer do kënnen eng Struktur fannen.

An da wëlle mer natierlech léieren. An dee Quartier, dee mer elo als Nächstes entaméieren, dat ass d'Metzeschmelz, deen huet elo d'lescht Woch deen neien Numm kritt. Dat gëtt wierklech, mengen ech, eng nächst Generatioun vun esou Quartieren. Do gëtt och elo e participative Prozess gemaach, fir dass d'Bierger vun Ufank un agebonne sinn. An d'nächst Joer wäerten eng Rei Workshope lafen, fir dat eeben elo alles méi konkret ze plangen.

De François Bausch huet och a senger Planung elo dat fäerdegbruecht, wat Holland scho laang mécht, mee wat mer hei ni gemaach hunn, wat mer och op der Cloche d'Or net fäerdegbruecht haten, dat heescht, dass den effentlechen Transport do ass, ier d'Leit kommen. Dat heescht, de schnellen Tram ass do, wann d'Leit op d'Metzeschmelz kommen. De schnelle Bus ass do. Et ass eng nei Gare do. Et ass eng Vëlospist do. Dat heescht, mir sinn do, mengen ech, och ganz aneschtlers ënnerwee bei deem neie Quartier, wéi mer dat eigentlech bis elo gemaach hunn.

An dann den Denkmalschutz, ech mengen, do hu mer och scho vun Ufank u probéiert, e Maximum vu Gebaier ze erhalen, och d'Struktur. Do ass jo wierklech nach esou eng ganz Mauer, déi do um Terrain ass. Et

ass wichteg, dass déi erhalte bleift, souwäit wéi dat méiglech ass.

A mir sinn elo amgaangen, an dat wäerte mer och iwwert deen nächste Wanter maachen, ze kucken: Wéi notze mer déi Gebaier, an notament och déi ganz grouss Halen, wou fréier jo de Laminor war. Et muss een och kucken, do kann een och elo an Zwëschenzäit eppes maachen, ier déi vläicht no 2033 – 2035 éischter – bebaut ginn.

An op d'Metzeschmelz komme minimum 30 % abordable Wunnraum. Dat heescht, do, wou mer konnten an déi Richtung goen, maache mer dat natierlech och. An dat ass fir Lëtzebuerg wichteg.

Nach e lescht Wuert zum Grenziwwerschreidenden. Et ass esou, dass mer effektiv un där IBA amgaange sinn ze schaffen, der Internationaler Bauausstellung, mat eeben der Iddi, dass mer probéieren, e Konzept ze maache fir d'Terres Rouges. Do wäerte mer och elo am Hierscht méi no komme bei d'Decisionen. Mir hu jo och dee GECT, also déi Zesummenaarbecht vu véier Lëtzebuerger Gemengen an dann der Communauté de Communes op der franséischer Säit. Dat leeft super gutt. A mir kréien am neien Interreg Groussregioun och méi Geld, fir déi Zesummenaarbecht nach op en aneren Niveau ze bréngen.

Ech mengen, mir probéieren, aus deene wéinege Feeler, déi um Belval waren ... Well et muss ee bedenken: Also e Quartier aus där Zäit! International ass dee Quartier éischter positiv gerant, och well en d'Historie vun där Plaz mat eriwwegeholl huet. An natierlech wäerte mer elo um Site probéieren, nach Verbesserungen ze maachen, a mir wäerte fir déi nächst Quartieren da probéieren, nach méi perfekt ze sinn, wéi mer elo hei scho waren.

An da ginn ech d'Wuert weider.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Minister fir Raumplanung. An dann ass et elo um Här Héichschoulminister a Fuerschungsminister Claude Meisch.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, nach ganz kuerz a complementaire zu deem, wat de Fränz Bausch an de Claude Turmes scho prezisiéiert hunn.

Jo, effektiv – a vun deem engen oder anere Virriedner ass et ënnerstrach ginn – sollen d'Fuerschung an d'Héichschoulwiesen um Belval en zentraalt Element sinn, och Catalyseur sinn, fir nei Entwécklungen unzedriewen, an dat sécherlech net nëmme fir de Belval, mee eigentlech fir dee ganze Süden. Déi ganz Regioun soll domadder mat dynamiséiert ginn. An dat ass eppes, wat een ëmmer nees gesinn huet, och an anere Stied am Ausland, wou an deene leschte Joerzénge Universitëten opgaange sinn, sech implantéiert hunn, datt dat e ganz groussen Impakt op déi ganz Regioun hat.

Eis Universitëit ass nach jonk an awer trotzdem huet se haut eppes opweises. Net nëmme, wat d'Fuerschungsergebnisser ubelaangt, net nëmme, wat d'Sudentenzuelen ubelaangt, mee awer och, wat hir Presenz mëttlerweil um Belval ubelaangt:

Wa mer dee ganzen Ekosystem vun der Héichschoul a vun der Fuerschung kucken, da sinn dat haut um Belval ronn 2.000 Salariéen, et si 4.500 Studentinnen a Studenten. Dat ass dann d'Uni.lu, et ass de LIST, et ass de LISER, et ass den FNR et ass LXI (ndlr: Luxinnovation), et ass d'Restena. Déi sinn haut schonn do present, déi hunn Entwécklungspotenzial a striewen och ganz konkret Entwécklungen un: fir zum Beispill a fënnf Joer, also 2027, nach eng Kéier 800 Salariéer méi ze hunn an dann op 2.800 ze sinn an awer och



nach eng Kéier 800 Studentinnen a Studente méi kënnen ze zielen, a fir op den Horizont vun zéng Joer, also bis 2032 gekuckt, nach eemol, par rapport zu haut, 2.000 Salariée méi ze hunn, also Chercheuren, Professoren an och anert Personal vun der Uni.lu a vun de Fuerschungszentren, mee fir awer och nach eng Kéier 2.000 Studentinnen a Studente méi um Site Belval kënnen ze accueilléieren. Dat sinn d'Perspektiven. An ech denken, datt dat sécherlech dann och nach eng Kéier ganz staark op d'Gesamtentwécklung vun der Südregioun wäert awierken.

Jo, an de Fränz Bausch huet och schonn drop geäntwert: Bei deenen Investitiounen, déi hei ganz konkret geplangt sinn, geet et jo net nëmmen drëm, datt mer elo hei d'Zil hunn, fir méi Chercheuren, méi Professoren respektiv méi Studentinnen a Studenten op de Belval unzezéien, mee dat heescht allkéiers ganz konkret, och nei Raimlechkeeten ze plangen an dobäi och nei Wunnengen ze plangen. Déi sinn zum Deel och hei matageplangt, mee zum Deel sinn déi sécherlech net nëmmen alleguerten um Site. An dat, wat mer haut hunn – well mir hunn eng ronn 500 Wunnengen, déi um Site haut sinn, et sinn awer an der ganzer Südregioun schonn 800 Studentewunnengen disponibel –, do wär et flott a sécherlech interessant, wa mer gären hätten, datt de Belval en Impakt op dee ganze Süden huet, datt do d'Gemege ronderëm nach eng Kéier géife weider Efforte maachen, mat de staatlechen Instanzen zesummen, fir ze kucken, fir do eppes zur Verfügung ze stellen.

Vläch complementaire dozou, Här President, wann Der erlaabt, och nach kuerz zur Presenz vun aneren Aktivitéite vu mengem Ministère, déi sech ganz staark um Belval elo implantéiert hunn an developéiert hunn iwwert déi lescht Joren an déi och als Element eng Roll kënne spillen, wann et drëms geet, d'Gebliëhal nei ze beliewen an hir eng nei Zukunft ze bidden – dat si virun allem Aktivitéite ronderëm d'Erwuessenebildung:

Den CNFPC vun Esch huet mëttlerweil och eng Presenz um Belval fir ronn 220 Apprenanten, déi do present sinn.

Mir hu viru Kuerzem den Digital Learning Hub opgemaach, wat eng Plattform ass, wou Acteure kënne dropkommen, fir Formatiounen am digitale Beräich ze maachen, fir Erwuessener wuelverstanen, eppes, wat jo net nëmmen op groussen Interessi stéisst bei de Leit a se och zefriddestellt, mee awer och eng grouss Noutwendegkeet ass fir dee ganzen IT-Secteur hei zu Lëtzebuerg.

Den IFEN, den Institut de formation de l'éducation nationale, ass present um Belval fir e gudden Deel vun den Enseignanten aus dem Süden, fir datt een net muss bis op Walfer fuere fir eng Formation continue, mee datt een dat am Süde ka maachen, mat ëmmerhi 7.700 Inscriptiounen fir eenzel Formatiounen vun Enseignanten um Belval am éischte Semester vum laufende Schouljoer. Dat weist, wat fir eng Dynamik och doduerj op dem Belval amgang ass eranzekommen.

Den INL, den Institut national des langues, ass mëttlerweil och present mat enger staarker Antenn um Belval, déi och weider amgangen ass ze wuessen. Do hu mer elo 2.300 Inscriptiounen um INL Belval gehat fir dat laufend Schouljoer. Ronn 190 Formatiounen, also Coursen, goufen ugebueden, mat enger staarker Tendenz weider no uewen an deene leschte Joren. Dat kënnt also do nach derbäi.

Déi Froen, déi hei nach konkret vun der Madamm Hansen u mech geriicht goufen – ob d'Chamber sech elo eens gëtt, ob dat elo heihinner gehéiert oder net –, hat ech zum Deel beäntwert mat der Äntwert

op eng Question parlementaire, och un d'Madamm Hansen, den 1. März, mengen ech, vun dësem Joer, wat d'Formatiounen vun de Gesondheetsberuffer ubelaangt.

Ech kann et awer ganz gären nach eng Kéier rapeléieren, nämlech, datt fir dat akademescht Joer 2023/2024 déi spezialiséiert Infirmièresformatiounen vun der Uni.lu sollen iwwerholl ginn, datt fir dat akademescht Joer drop, 2024/2025, dann och den Infirmier en soins normaux soll ugebuede gi mat engem Bachelorniveau um Belval, datt mer jo awer d'lescht Joer ugefaangen hunn, déi éischt Kohort unzefänke fir d'Medezinnernausbildung am Bachelor. Dir kennt déi Accorden, déi do bestanen hunn, datt mer fir d'alleréischte eng Kohort wéilten duerchlafte loossen, dann eng Evaluatioun vun deem Studiengang maachen an dann eis wëllen expriméieren, ob et dann och zu engem Master an der Medezinn kënnt oder net. Ech denken, datt mer dee brauchen. Mee ech denken awer gradesou, datt mer musse kënne garantéieren, datt et eng gutt Qualitéit vu Formatioun ass, soss hu mer nämlech ënnert dem Stréch herno näischt geschafft.

An déi Virstellungen, déi mer als Regierung hunn an déi mer mat der Uni.lu momentan diskutéieren, wat d'Schoulmeeschter- an d'Léierinnenausbildung fir de Fundamental ubelaangt, déi hunn ech hei d'lescht Joer schonn eng Kéier am Detail developéiert. A wa se da sprochräif sinn, kommen ech ganz gären heihinner zrëck, fir se dann och nach eng Kéier konkret a Form vun enger Konventioun mat der Uni.lu kënne ze presentéieren.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Héichschoulminister Claude Meisch. Parole après ministre fir d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Nee, loosst si vläicht vir, well ech denken, mir mussen ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Da kritt fir d'éischt Parole après ministre d'Madamm Hansen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech wollt just nach nofroen, wivill méi Studenten nach opgeholl gi fir d'Enseignantsausbildung d'nächst Joer.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche | Déi Konventioun, déi mer momentan diskutéieren, betrëfft jo net d'nächst Joer, well et ass sécherlech net méiglech, elo dramatesch méi Studentinnen a Studenten an de Studiengang opzehuele vun engem Joer op dat anert. Mir zwee, Madamm Hansen, misste wëssen, datt dat net geet, esou schnell.

*(Interruption par Mme Martine Hansen)*

Nee, dat hunn ech net gesot, datt dat esou schnell geet. Dir wësst, datt do och Rekrutementer musse gemaach ginn. Et kann een net einfach d'Zuel vu Studenten an engem Studiengang verduebelen an d'Qualitéit héich halen. Da brauch een och ongeféier dat Duebelt u professionellem Personal, u Professoren an aneren Assistenten op der Uni.lu.

Dat wäert Géigestand si vun enger Konventioun, vun där ech grad gesot hunn, datt, wa se ënnerschrifwen ass, da kommen ech heihinner se virstellen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Meisch. Da wier et un der honorabeler Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, ech wollt just ganz kuerz awer e puer Saache richtegstellen. Den

Här Minister Turmes huet gesot, de Quartier Belval wier ni geduecht gewiescht als Wunnquartier, e wier geduecht gewiescht als Pendant zu der Stad Lëtzebuerg. Dat ass awer net ganz richtig. Ech mengen, ech war deemools scho bei all deene Virstellungen derbäi. An d'Madamm Simone Asselborn-Bintz wénkt mam Kapp. Also do ware Wunnquartieren derbäi, virun allem Suessem, Belval-Sud, wou d'ARBED deemools den Terrain fir en Apel an e Stéck Brout kritt huet vun de Baueren an deen haut deier verkaaft gëtt. Dat war ëmmer geplangt als Wunnquartier. An et ass schued, datt den Här Wolter net hei ass, well dee kéint dat bestätegen. Deemools schonn an deene Versammlungen hunn ech gesot: „Ier deen éischte Bierger hei eraplännert, muss den éffentlechen Transport funktionéieren an och d'Mobilité douce!“ Dat ass net gemaach ginn. Dat ass schued.

Mir hoffe wierklech, datt bei den nächste Quartieren, déi elo gebaut ginn, et net esou katastrophen leeft wéi op dësem Quartier, well do funktionéiert et haut nach ëmmer net.

A wat awer immens schued ass, dat fanne mir mol, dat ass, datt, wann eng Eisebunnstreck enzwousch ass, een déi zoomécht, fir dann e Bus lafen ze doen. Et ass einfach schued, et ass einfach eng Attitud vun eis, datt mir soen: „Do, wou Eisebunne fueren, soll een déi och halen.“ Déi stinn nämlech ni am Stau. E Bus steet am Stau, nach ëmmer, permanent!

Et ass Iech héich unzerechnen, Här Minister, datt Der sot, datt Der elo einfach alles drusetzt, fir datt d'Ubannung besser ginn, an datt et och nach e bëssen dauert, well eeben déi ganz Garé-Geschichten, alles dat nach dauert. Mee Dir hutt och virdrun an enger Äntwert gesot, et kéint een zum Beispill op Busser zrëckgräifen, déi géifen hin- an hierpilgeren, wa se autonom fueren. Ech hu mer just d'Fro gestallt, firwat déi da mussen autonom fueren. Dat kéint een och haut scho maachen, mat kleng Busser, mat Leit, déi net mussen de Busführerschäin hunn, wou ee vläicht kéint Leit reaktivéieren, déi ee vläicht kéint beschäftegen, respektiv net beschäftegt, mee déi een an eng Mesure kéint setzen. Dat kéint een awer haut scho maachen, wann ee gesäit, datt an den RGTR-Gemege Lacunne sinn. Well et ass richtig, wat Dir gesot hutt: Et geet jo net, fir déi auszedénne! Dat ass ganz richtig, wat Dir gesot hutt. Mee et kéint een awer wierklech punktuell kucken, wat een do brauch. An dat ass einfach eppes, wat mir schued fannen.

Da fannen ech ... Dir hutt gesot, et misst een ëmmer déi gréisst Uertschaft virhuelen, wann een de Belval nennt. Um Belval ass Suessem och déi gréisst Gemege. Da misst et Suessem-Belval sinn an net Esch-Belval, wéi ëmmer gesot gëtt. Dat als kleng Witz just niewebäi.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An da geet d'Wuert un den Här Vizepremier François Bausch.

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Just zu Ärer Remark mat der Streck Oth-Esch. Also, ech mengen, wann Der kuckt, wat am PNM steet, da steet do geschriwwen, datt mer jo wëlle Leit beweegen, Mënsche beweegen. D'Madamm Ahmeodva huet et och gesot an hirer Ried. A Mënsche beweegen ass d'Prioritéit, net Gefierer beweegen. Gefierer beweegen, dat ass onofhängeg, ob et en Zuch ass, ob et e Bus ass oder en Auto. Mir kucken op där Streck, wou mer sinn: Wat ass do d'Demande u Mobilité? A wat ass dann dat effikasst Mëttel, fir där Demande gerecht ze ginn?

Éischtens emol wëll ech Iech soen: Dee Bus, dee fiert op engem eegenen Tronçon. Deen huet eng eege

Streck, dee fiert net am Verkéier mat. Zweetens ass et esou, datt natierlech dat just Esch-Oth ass. En plus, déi Gare, dat läit alles net immens gutt. Fir op Esch, dat ass jo nëmmen e klengen Deel, an déi hunn en Anzuchsgebitt, dat esou grouss ass. Dat heescht, déi Leit, déi mussen alleguerten iergendwéi dohinner kommen an ëmklammen, fir op eng Streck ze kommen, déi en plus net schrecklech effikass ass.

Duerfir mécht et méi Sënn, datt mer da Busse mat enger héijer Qualitéit op deem Tronçon, wou haut den Zuch fiert, hunn, déi dann also op enger eegener Streck fueren, awer och kënnen erausfueren an d'Regioun an do d'Leit siche goen. Dat heescht, d'Leit hu vill méi direkt Verbindunge wéi haut, fir op Esch-Uelzecht ze kommen, an dann notze se et och méi.

Haut ass déi Streck mega schlecht genotzt! Et fueren 300 Passagéier den Dag dohinner. Et bedreift een net esou en deiert – ob dat elo en Zuch ass oder en Tram ass –, an der Exploitation esou deiert Verkéiersmëttel, fir 300 Leit ze transportéieren. An dat ass, well et, sou wéi et haut fiert, net attraktiv ass. An do ass eng detailléiert Etüd gemaach gi mat auslännesche Büroen. Et ass net, well ech onbedéngt déi Streck wëll ofschafen. Also, ech wëll net onbedéngt mordicus iwwerall Eisebunnstrecke bauen, ech wëll der vill do bauen, wou et Sënn mécht. Ech wëll och net mordicus se ofbauen. Mee mir sollen iwwerall kucken: Wat ass dat adequaatst ëffentlech Verkéiersmëttel, wat mer dohinner kënnen kréien?

Dat ass eeben hei esou e System, dee mer och elo rezentereis virgestallt hunn. Et kënn derbäi, datt jo och d'Rout Lëns hei matspillt: Da kréie mer eng besser urbanistesche Entwécklung am Quartier Rout Lëns. De Moment ass dee Quartier getrennt duerch eng Eisebunnstreck, wat och net immens attraktiv ass. Also alles dat spillt eng Roll mat hei, firwat mer déi Decisioun esou geholl hunn.

An zu dem autonome Fuere wëll ech Iech just soen: De Problem mam autonome Fueren ass net eleng, datt kee Chauffeur méi drasetzt, mee et ass jo och – also dat muss jo d'Zil sinn –, datt Der herno eng Programmation kënn maachen op esou engem Gefier, datt dat relativ flexibel ronderëmfiert. Dat ass haut natierlech nach net méiglech. Dat ass och haut verbueden, well do gëtt et eng Wiener Konvention, do si Levele virgesinn, dat geet vun 1 bis 5. Mir sinn elo eréischt beim autonome Fuere bei deenen Autoen, déi Der kennt, wou Der halffautomatesch kënn fueren, beim Level 3. Mir kommen elo lues an de 4. A fir de 5 muss nach d'Wiener Konvention eng Kéier geännert ginn, well do muss mer ganz aner eethesch an deontologesch Konditiounen festleeën.

Mee wa mer dat eng Kéier bis hunn – an dat kënn, dat kënn menger Aschätzung no, sou wéi ech de Marché de Moment gesinn, zwëschen 2030 an 2035 –, da muss mer bis dohinner déi Reegelen geännert hunn. Da kritt Der natierlech duerch d'Digitaliséierung, déi Der hutt an deem ganzen Transport, nach ganz aner Méiglechkeete wéi haut, fir vill méi effikass ze fueren. Et ass net, well mer d'Chauffere wëllen aspueren! Dat ass och eng Fro dovun, wéi mer et wëllen organiséieren. De Moment ass dat méi schwierig.

Wann dat, wéi gesot, ansicht wär ... Et ass op der ganzer Welt, wéi ech och virdu gesot hunn, scho vill experimentéiert ginn domadder. Mir hunn och scho selwer verschidden Experimenten gemaach, mee bis elo ass nach näischt Concluantes gewiescht, wat effikass genuch wär.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Bausch. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

## 7. 7925 – Projet de loi relative au régime d'aides en faveur des entreprises investissant dans des infrastructures de charge pour véhicules électriques

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vum de Mëtten, zum Projet de loi 7925 iwwert d'Bäihëllef fir Betriber, déi a Borne fir Elektroautoen investéieren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Rapportrice vum dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Jessie Thill.

### Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

**Mme Jessie Thill** (déi gréng), rapportrice | Här Präsident, Dir Häre Ministeren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Projet de loi 7925 sollen dräi Finanzhëllef fir Entreprises, déi zu Lëtzebuerg a Luedinfrastrukture fir elektresch Autoen investéieren, agefouert ginn. Op dës Aart a Weis wëllt d'Regierung den Opbau vun de Borne zu Lëtzebuerg weider férdere an nieft de finanziellen Hëllef fir Privatpersounen och d'Betriber encouragéieren, Elektrobornen ze installéieren an esou d'Transitioun a Richtung nohalte Mobiliteit acceleéieren.

Den Transportsecteur spillt bei der Dekarboniséierung vun der Lëtzebuurger Gesellschaft a Wirtschaft eng besonnesch Roll, well e fir 60 % vun den Treibhausgasemissionen zu Lëtzebuerg responsabel ass an eng signifikant Source vu Luftverschmutzung ass. E groussen Deel vun den CO<sub>2</sub>-Emissionen kann duerch d'Férdere vun der Elektromobilitéit erfesat ginn, engem Schlüsselfacteur am Kampf géint déi global Aerderwärmung an der Erreechung vun den europäeschen Ziler vum Fit for 55-Pak.

Dës gesäit vir, datt d'Treibhausgasemissionen ëm 55 % bis zum Joer 2035, am Verglach zu den Emissionen vun 1990, erfesat ginn, souwéi d'Reduktioun vun 90 % vun den Emissionen vum Transportsecteur bis 2050.

Och den nationale Klima- an Energieplang fir d'Period 2021-2030 gesäit vir, d'Treibhausgasemissionen ëm 55 % par rapport zu 2005 ze reduzéieren an en Undeel vun 49 % vun den immatrikuléierten Elektroautoen bis 2030 ze erreechen.

Dës Entwécklung hin zu enger Dekarboniséierung vum Verkéier hei zu Lëtzebuerg brauch natierlech och e beschleunegten Ausbau vu Luedstatiounen fir Elektroautoen. 2012 goufen d'Netzbedreiwer domadder beoptraagt, eng ëffentlech Autoluedinfrastruktur, Chargy a SuperChargy, opzebauen. Säit 2017 sinn dës operationell an ëmfaassen aktuell iwwer 1.000 Luedstatiounen, woumat Lëtzebuerg den zweetdichtste Bornereiseu an der EU huet.

Zum Chargy-Reseau zielen och eng Rei Luedstatiounen, déi vun Drëtter finanziert goufen an ënnert dem Numm „ChargyOK“ bekannt sinn.

Nieft den ëffentlech zougänglechen Borne huet d'Regierung 2020, nieft der besteeënder finanzieller Ënnerstëtzung fir Elektroautoen, och e Subsid fir Borne fir d'Privatleit agefouert, dee bis haut e groussen Succès am Kader vum Klimabonus kennt.

Vu Januar bis Abrëll 2022 war ee vu véier verkaaften Autoen en Elektroauto. A mat der rezenten Annonce, fir no 2035 keng nei Verbrennermotoren zuzeloossen, muss mer eis Efforte weider verstärken an déi aktuell Luedinfrastruktur ausbauen.

Fir déi besteeënd Dispositiven ze completéieren, gëtt elo mat dësem Projet de loi en neien Aideregimm fir

Entreprises hei zu Lëtzebuerg agefouert. Dës dräi geziilt nei Aidë vum Energie- an Ekonomiesministère sollen den Investissement vun den Entreprises an ëffentlech, semi-ëffentlech a privat Luedinfrastrukturen incitéieren an dynamiséieren, mam Zil, d'Luedcapacitéit zu Lëtzebuerg ze beschleunegen an ze erhéien.

Beträff vum Subsid sinn nei geschafte Luedinfrastrukturen, awer och besteeënd Infrastrukturen am Fall vun enger Erhéijung vun der Luedcapacitéit. Vun dësen Aidë kënnen nëmmen Entreprises profitéieren, déi eng wirtschaftlech Tätigkeet ausüben an uerdnungsgeméis zu Lëtzebuerg etabléiert sinn. Och Firmen, déi op e Leasingvertrag zrëckgräifen, kënnen vun dëser Hëllef profitéieren, andeems de Subsidemontant an de Leasingvertrag afléisst.

D'Zil vun der éischter Aide ass et, den Ausbau vun ëffentlechen a private Luedstatiounen vun enger gewëssener Envergure ze beschleunegen an esou d'Luedleschtung a ganz Lëtzebuerg daillech ze verbesseren. Dës Férdere gëtt am Kader vun enger oder méi Ausschreiwung mat engem Maximalbudget vu 7 Milliounen Euro pro Ausschreiwung a jee no Verhältnis tëschent der kreéierter Luedleschtung an dem ugefroten Montant vun der Aide verginn.

Bei Bedarf kënnen dës Ausschreiwungen op verschidde geografesch Gebidder oder bestëmmten Aarte vun Infrastrukture beschränkt ginn, wann de Marché net déi gewënscht territorial Vernetzung oder Aart vu Luedstatiounen bréngt, déi de Besoine vun elektrescher Luedung entsprécht. All Entreprise, onofhängeg vun hirer Gréisst, déi eng oder méi Luedstatiounen vun enger Luedcapacitéit vu mindestens 175 Kilowatt opriicht oder dës Capacitéit erweidert, kann un der Ausschreiwung deel huelen a bis zu 50 % vun de Käschte fir den Deploiment vun de Borne erhalen, mee net méi wéi 40 % vum virgesinn Budget vun der ganzer Enveloppe vun der Ausschreiwung.

Fir vun dëser Aide ze profitéieren, müssen ëffentlech zougänglech Borne ausserdeem bestëmmte Bedéngungen erfëllen, déi d'Disponibilitéit vun Notzer an hier Interoperabilitéit, och mam Netz vun den ëffentlechen Luedstatiounen, sécherstellen.

Déi zweet Aide soll kleng a mëttelstänneg Entreprises derzou encouragéieren, an eng privat Luedinfrastruktur am Kader vun hirer wirtschaftlecher Aktivitéit respektiv fir hir Employéen ze investéieren. Dës Moosnam ergänzt déi éischt, andeems se d'Natur vum Projet an d'Gréisst vun der Entreprise berücksichtegt an eng einfach Prozedur fir d'Ufroe vun der Aide virgesäit.

Kleng a mëttel Entreprises kënnen esou bis zu 40 % respektiv 50 % vun de Käschte fir d'Born selwer, jee no Gréisst vun der Entreprise an Intelligenz vun der Born, a bis zu 60 % fir de Raccordement un d'Netz subventionéiert kréien.

D'Bäihëllef si gedeckelt op bis zu 40.000 Euro fir d'Infrastruktur selwer an zousätzlech 60.000 Euro fir den Netzzuschluss. Dës Differenzéierung erméiglecht et, de verschiddenen Usschlussbedéngungen vun de verschiddene Standuerter Rechnung ze droen.

Déi drëtt Aide adresséiert sech un d'Netzbedreiwer an un d'Entreprises, déi ons ëffentlech Chargy- a SuperChargy-Borne iwwerhuele wëllen. Eng europäesch Direktiv vun 2019 verbitt de Finanzement vum ëffentlechen Reseau duerch Netzkäschten am Nidderspannungsresseau. Fir datt den ëffentlechen Reseau och kompetitiv bleift par rapport zu den Alternativen, kennt dës Bäihëllef entweder dem Netzbedreiwer oder den Entreprises, déi den ëffentlechen Reseau am Kader vun der gesetzlech virgesinnener Ausschreiwung iwwerhuelen, zegutt.



Dës Aide beleeft sech op 70 % vum Cumul vum Reschtwäert vun der Infrastruktur wéi och den zukünftigen Investitiounen, déi noutwendeg sinn, fir d'Konditiounen vum Bedreiwer vun ëffentleche Bornen ze erfëllen. Dës Pourcentage ass dorop zrëckzeféieren, dass et vill Luedstationen an der nationaler Basisinfrastruktur gëtt, déi sech op wéineg frequentéierte Plaze befannen, an dass d'Kapitalkäschte säit 2016, dank den technologesche Progrësen, gesonk sinn.

Finanziell gesäit d'Regierung en Total vu 40 Milliounen Euro tëscht 2022 an 2025 fir déi dräi Mesurë vir, wat 10 Milliounen pro Joer entsprécht. 76 % vun dësem Budget wäerte vun der Facilité pour la reprise et la résilience, FRR, vun der EU-Kommissioun am Kader vum Plan pour la reprise et la résilience fir Lëtzebuerg iwwerholl ginn. An de Wirtschaftsministère gesäit ausserdeem vir, op d'mannst eng weider Persoun anzestelle fir den Aideregimm.

Zum Staatsrot sengem Avis: De Staatsrot hat keng Opposition formelle, just e puer Ännerungsvirschléi, deenen an Amendementer Rechnung gedroe gouf an déi am Avis complémentaire ugeholl goufen. Ënner anerem gouf et Remarque par rapport zu verschiddeenen Definitiounen ewéi och eng Rei legistesche Observatiounen.

Zu den Avice vun de Chambres professionnelles: D'Chambre de Commerce begréisst de Projet de loi ewéi och eng einfach Prozedur, déi en place gesat gëtt, fir d'Aiden unzefroen. Si werft awer Froen op zur Intelligenz vun der Luedeinfrastruktur, zur Gréisst vun den Entreprises, déi eligibel si fir dës Aiden, an ob de Réseau et packe wäert.

D'Chambre des Métiers begréisst de Projet de loi ouni weider Observatiounen.

D'Chambre des Salariés begréisst och de Projet de loi an incitéiert d'Regierung, fir sech weiderhin derfir anzesetzen, dass déi europäesch Luedeinfrastruktur och fir Lëtzebuerg Residenten accessibel ass an dass et méiglech soll ginn, direkt mat der Kaart ze bezuelen. Doriwwer eraus fuerdert si och, dass an den Agglomerationen méi Strukture kommen, fir dass d'Residenten eng Parkplaz mat Born hunn.

De Syvicol begréisst och dës Projet de loi a freet, dass och d'Gemenge vun esou Aidë beim Développement vun Elektroborne profitéiere kënnen. Weider ënnersträicht en de wichtege Rôle vun de Gemengen am Développement vun ëffentleche Bornen a formuléiert d'Demande no Documents-types, fir déi technesch a juristesche Froe fir d'Mise à disposition vu Gemengenterraine fir d'Installatioun vu Borne vu Privatentreprises ze reegelen.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun bleift ze soen, dass dës Projet de loi no sengem Depot de 6. Dezember 2021 an dem Avis vum Staatsrot den 10. Mee 2022, den 2. Juni an enger Jointe tëschent der Ëmwelt- an der Ekonomieskommissioun virgestallt an examinéiert gouf. An där selwechter Jointe goufen eng Rei Amendements parlementaires ugeholl an ech selwer zur Rapportrice ernannt. Den 1. Juli, nom complémentaires Avis vum Staatsrot den 28. Juni, gouf de Rapport erëm an enger Jointe ugeholl.

Fir weider Detailler verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. An ech wollt och hei nach profitéieren, fir jidderengem e grouse Merci ze soe fir d'Aarbecht un dësem Projet de loi, a ginn och den Accord fir déi gréng Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Rapportrice Jessie Thill.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Jean-Paul Schaaf ageschriwwen. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Jean-Paul Schaaf (CSV)** | Merci, Här President. Ech wëll direkt dem Jessie Thill Merci soe fir deen exzellenten a ganz komplette Rapport. Ech kann dann och nach méi séier sinn. Mee trotzdeem, ech hunn nëmme fënnef Minutten a muss mech awer fläissen.

An ech wëll och direkt soen, dass d'CSV-Fraktioun selbstverständlech d'accord ass mat dësem Projet de loi, deen, mengen ech, ee ganz wichtege Maillon ass an der Chaîne, déi mer fir d'Elektromobilitéit zu Lëtzebuerg brauchen.

An déi Zuelen, déi genannt gi sinn, dass si jo déi, déi mer müssen am Kapp behalen: Dass an deene leschte véier Méint 23 % a méi vun den Neiimmatrikulatiounen Elektroautoe waren. Meng Hypothees ass déi, dass elo pro Joer wäerten 10 % derbäikommen. Dat ass awer just eng Schätzung, déi ech mer esou „im stillen Kämmerlein“ maachen.

Et gëtt jo e puer Cas-de-figures, an deene mir alleguer wunnen. An deen einfachsten ass deen, wann ech doheem wunnen: Ech hu mäin Haus, ech hunn eng Garage, ech hunn eng Stellplaz, da kann ech bei mir doheem eng Wallbox installéieren, interessant-erweis natierlech eng intelligent Wallbox. Déi Uschlossleeschtung, déi mir vum Netzbedreiwer a mäin Haus geliwwert gëtt, déi ass net flexibel no uewen erweiterbar, soudatt dann déi intelligent Wallbox tässelt an da seet: „Voilà, d'Haus huet Prioritéit.“ Huet d'Haus seng Prioritéit ausgenotzt, da bleift net vill iwwreg fir den Auto. An ëmgedréit: Wann de Stroumbedarf am Haus erfogt, geet deen am Auto erop, soudatt ech moies, wann ech opstinn, kee Problem hunn, fir mäin Auto getankt ze hunn, an ech brauch mech do ëm näischt ze këmmern. Dat ass am Fong geholl den idealen an deen einfachste Cas de figure.

Deen zweete Cas de figure, an deem ganz vill Leit zu Lëtzebuerg wunnen – an do kënn eng Fro vu menger Säit dann un d'Leit vun der Regierung –, dat ass dee mat de Kopropriétéiten. A mir haten et och an der Kommissioun kuerz undiskutéiert. De Cas de figure ass awer deen, dass wann ech an enger Kopropriétéit wunnen, dann ass jo de Syndic vun de Kopropriétaire fir d'Gestioun zoustänneg. Mee och eng Kopropriétéit huet eng bestëmmt Uschlossleeschtung vum Netzbedreiwer an d'Haus geluecht kritt. An do kann ech dann natierlech fir mech, op menger Plaz, op menger Stellplaz an a menger Garage, wéi och ëmmer, eng Wallbox installéieren. Ech kréien och e Subsid. Och de Syndic kann dee fir mech ufroen. Alles dat ass ok. Ech kann och mat enger Majorité simple dat Recht dozou kréien.

Awer trotzdeem: „first come, first served“. Et wäert net duergoen, fir dass all déi Leit, déi an enger Kopropriétéit, am Bestand ... Ech schwätzen net vum Neibau, well do ass et gereegelt, do geet et, do gëtt et Traffoen an do gëtt alles einfach esou adaptéiert, wéi wann do jiddereen Elektromobilitéit géif bezéien, an all Stellplaz gëtt d'office ekipéiert. Dat ass garantiéiert, mee am Bestand ass dat net garantiéiert, soudass d'Capacitéit riskéiert, net duerzegoen.

An da spillt dat, wat elo gespillt huet bei de PMEen, an dat sinn déi Uschlossbestëmmungen, déi TABen, wéi se genannt ginn, déi „Technische Anschlussbestëmmungen“, deenen déi fënnef Stromnetzbedreiwer am Land alleguerste solidaresch an zesummen ënnerleien. An ech zitëiere just ee Saz doraus, dee seet, wa meng Capacitéit net duergeet, Follgendes: „Dans tous les cas, que ce soit à l'intérieur d'une zone délimitée ou en dehors d'une telle zone, les frais de génie

civil sont toujours à charge du demandeur de raccordement.“ Wëll soen: Wann also déi Uschlosscapacitéit vum Netzbedreiwer an der Strooss net duergeet, sinn ech sou gutt an ech huelen de Bagger an ech rappen d'Strooss op an ech fuere bis an den éischten Traffo, wou dann d'Uschlosscapacitéit geet. Wann den Traffo net duergeet, dann ass et um Netzbedreiwer, fir den Traffo ze verstärken. Mee ech muss dohinner de Raccordement siche goen an ech muss dee Génie civil integral op meng Käschten huelen.

An dat bleift elo bei de Kopropriétairen à charge. Et gëtt elo bei de PMEen iwwerholl duerch e Subsid vun der Regierung, fir deen ech ganz, ganz dankbar sinn, mee dat riskéiert, eis awer nach e Problem ze schafen an der Zukunft. Ech versti ganz gutt, dass mat dësem Gesetz elo mol eppes gemaach ginn ass fir d'Betriben, an et ass och enorm wichteg. Ech wollt awer drop opmierksam maachen, dass mer deen do Problem nach als Hausaufgab vun haut och musse mathuelen. Vläch huet de Minister och fäerdeg Äntwerten drop. Sollt dat net de Fall sinn, da géif ech eng Motioun hei deposéieren – voilà! –, ...

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

– *rappelant les objectifs de l'Accord de Paris sur le climat et le réchauffement climatique du 12 décembre 2015 ;*

– *rappelant le Plan national intégré en matière d'énergie et de climat (PNEC) du Luxembourg qui constitue la stratégie-cadre en matière de politique de l'énergie et de l'action pour le climat ;*

– *rappelant l'objectif du Gouvernement de ramener la part des véhicules 100 % électriques et plug-in hybrides à 49 % à l'horizon 2030 ;*

– *rappelant que les travaux de génie civil pour le raccordement au réseau électrique sont toujours à la charge du demandeur ;*

– *vu le PL 7925 instituant un régime d'aides en faveur des entreprises investissant dans les infrastructures de charge pour véhicules électriques,*

*invite le Gouvernement*

– *à trouver une solution avec les gestionnaires de réseau ou à élaborer un système d'aide pour les syndicats de copropriétaires afin que ces derniers puissent profiter d'une aide pour les travaux de génie civil (les coûts des travaux de raccordement au réseau électrique).*

(s.) Jean-Paul Schaaf, Emile Eicher, Paul Galles, Aly Kaes, Marc Lies.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci.

**M. Jean-Paul Schaaf (CSV)** | ... Här President, eng Motioun deposéieren, déi am Fong geholl näischt anescht freet wéi ze soen: „Kommt, mir huelen eis deem dote Problem un, wannechgelift, a mir kucken, dass an deenen nächste Méint och deen dote Sujet diskutéiert gëtt.“ Ob et eng Fro ass vun den Netzbedreiwer. Ob et eng Fro ass, déi een zesummen duerch e Subsid ka maachen, ënner Konditiounen an esou weider. Mee et ass awer nach, mengen ech, eppes, wat felt, well mir hunn awer ganz, ganz vill Leit, déi an der Situatioun vun enger Kopropriétéit sinn an déi sech Froe stellen.

Si stelle sech och nach aner Froen, déi een an deem Kontext och muss diskutéieren: Wéi déif am Souterrain dierf ech Elektroautoe stoen hunn? Do gëtt et ITM-Bestëmmungen, déi dat net esou ganz evident maachen. Et sinn Assicurancëfroen, déi hannendrun hänken. Och dat muss een eng Kéier belichten. Also et gëtt do och nach e puer Froen.

An da kommen ech zum Schluss. Bon, dat eent ass nach, dass de Syvicol bedauert, dass d'Gemege kee Subsid kréien, well d'Gemege jo awer sou wéi PMEen och Sammelplazen hunn, wou d'Leit eeben och eng Alternativ fir d'Opluede kënnen hunn, dat ka bei Sportsanlage sinn, dat kann op anere Plaze sinn. Si kënnen awer hei kee Subsid kréien.

An dann eng lescht Fro, Här President – ech iwwerschreiden, mee dann halen ech op –, an dat ass déi, an et stoung jo och an den Dokumenter dran, dass d'EU-Recht eis am Fong seet, dass d'Chargy-Bornen, sou wéi mir se installéiert hunn, misste privat gestionnéiert ginn an net vun den Netzbedreiwer.

Dat, wat mer elo hunn, dat war den Opbau vum System, wou gesot ginn ass: „Hei, mir hätte gär 800 Bornen am Land a mir ginn den Netzbedreiwer d'Aufgab. An déi mussen et och finanzéieren, fir déi Bornen ze installéieren.“ Elo si se do, elo kréie mer awer vun der EU ganz kloer gesot: „Dat muss privat geréiert ginn an dat dierf net vun den Netzbedreiwer dauerhaft weider bedriwwen ginn!“

Do wollt ech Erklärungen hunn, wéi dat elo praktesch soll vir sech goen, well mer jo mat dësem Gesetz eigentlech zousätzlech ChargyOK-Bornen an e System erakréien, deen dann herno erëm muss weidergereecht ginn un d'Netzbedreiwer. Do kann ech mer nach net richtig virstellen, wéi dat soll funktionéieren.

Dat gesot, e ganz grouse Merci fir dëse Projet de loi, dee sécherlech e ganz wichtege Maillon ass an der Elektromobilitéit. An ech freeë mech op mäin éischten Elektroauto.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Schaaf. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. Bon, ech mengen, nieft de Primmen, déi et gëtt fir emissionsaarm Autoen, Elektroautoen an eeben och d'Borne bei sech doheem, ass dat heiten deen nächste Schrëtt, dee mir als Demokratesch Partei begreissen, wouvunner och d'Betribler – eng laang Revendicatioun iwwregens, wéi mer alleguerte wëssen – kënnen profitéieren.

Ganz gutt gefällt eis un deem heite Projet de loi, dass een nach méi héich Primme ka kréien, wann déi Bornen effentlech zougänglech sinn. Eppes, wat eis an deem ganze Kader hëllef, fir eeben ze kucken, dass mer méi en dichte Reseau u Borne kréien. Dat kënnen mer nëmme begreissen!

Déi eenzeg Fro, déi ech vläicht hunn: Et héiert een ëmmer erëm, dass eebe Privatstéit heiansdo nach Refuse kréien, fir en Uschloss fir Elektroautoen ze kréien. Ass do eppes drun? A wat si vläicht déi eng oder déi aner Pisten, déi do envisagéiert si vu Regierungssäit, fir datt och an Zukunft, wa mer drun denken, fir an zéng Joer 200.000 Elektroautoen hei am Land fueren ze hunn, fir do eeben nach besser ze ginn?

Dëst gesot, bleift mir just, der Rapportrice, dem Jessie Thill, e ganz, ganz grouse Merci ze soe fir säi ganz, ganz exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Hahn. An da wier et un der honorabelen Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Jo. Merci, Här President. Merci virop awer der Rapportrice, dem Jessie Thill, fir de schrëftlechen an de ganz explizite

mënsch ... mëndleche Rapport. Mënschlech och, mee virun allem mëndlech!

Den Här Schaaf huet et richtig gesot, et ass e ganz wichtege Maillon an der Transitioun a Richtung Elektromobilitéit. Fir de Rescht bleift wierklech näischt méi bäizefügen. Et war alles kloer. An ech schlësse mech den Iwwerleung vu menge Virriedner un.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hemmen. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci och der Rapportrice fir de Rapport.

Ech wëll hei ufänken: Kee Mënsch huet eppes géint Elektroautoen, a mir natierlech och net, ...

(Hilarité)

... an duerfir stëmme mir dat heiten och mat.

(Interruptions)

Mir hunn awer eppes dergéint, wann een Tatsaachen heiansdo net esou erëmgëtt, wéi se tatsächlech sinn, an ech wollt Iech do e puer Beispiller hei opzielen.

Éischt Beispill, wann Der sot, et wier ee grouse Succès. Ech ginn elo ee Joer zréck, den 1. Oktober 2021 hate mer hei am Land am Ganze 7.000 Elektroautoen, dovun 3.424 privat elektresch Autoen. Also dat si mol keng 2 % vun de 500.000 Gefierer hei am Land. Dat heescht, 98 % waren deemools Verbrenner. Ech mengen, e Succès gesäit aneschtens aus.

Dann ass hei och déi Zuel e puermol genannt ginn, och am Rapport: Do schreiw mer dann, 20,5 % vun den Neimatrikulatiounen 2021 wieren elektresch Autoe gewiescht. Ech versti jo awer do richtig, do sinn d'Hybrid-Autoe matagerechent, ne?

Jo. Voilà. An ech fannen, dat ass am Fong eppes, wat hei net kloer erauskënnt. Hei seet jiddwereen, ee Fënnestel vun den Autoen, déi 2021 nei immatrikuléiert gi wieren, wieren elektresch Autoe gewiescht, mee do sinn d'Hybridautoe matagerechent.

An déi Zuel, déi am Fong wierklech interessant ass, dat ass déi vun de rengen elektreschen Autoen. A fir et ganz éierlech ze mengen, mengen ech, dass een och da mat där Zuel hei misst am Rapport an och hei an de Rieden ... misst een déi benotzen. Ech mengen, en Hybridauto huet och e Verbrennermotor, an dat ass fir eis keen typeschen elektreschen Auto.

Dann, drëtt Saach – ech mengen, ech kommen dorop zréck –: 49 %, dat ass d'Zil vun der Regierung vun elektreschen Autoen am Joer 2030, dat heescht an aacht Joer. Mir hunn et gerechent, plus/minus misst also alljoers eng Zounam komme vun 30.000 Elektroautoe bis 2030. Dat ass fir eis komplett onméiglech. An ech fannen, da soll een och Ziler setzen, déi realisierbar sinn.

Dann, véierte Punkt, dat ass dat, wat mer hei och scho sot: Den Elektroauto, dee gëtt duergestallt, wéi wann deen einfach eppes vill, vill, vill Besseres wier wéi den normale Verbrenner, an dass en och eng vill besser CO<sub>2</sub>-Bilanz hätt, wat awer net onbedéngt de Fall ass. D'Hierstellung vun engem Elektroauto verbraucht och ganz vill CO<sub>2</sub>, an oft ass et esou, datt eréischt no engem gewëssene Kilometrage de Verbrenner méi CO<sub>2</sub> ausstéisst wéi en Elektroauto.

An da stellt sech jo och nach d'Fro: Wou kënnt de Stroum iwwerhaupt hier? Dozou kommen ech nach e bësse méi spët.

Dann ass et esou, dass oft gesot gëtt: „Jo, d'Elektroautoe si super, well de Stroum, dee kënnt jo dann

aus alternativen Energiequellen, aus de sougenannte grénge Energiequellen.“ Och dat ass awer e bësse mat den Hoer erbäigezunn. Just fir Iech e Beispill ze ginn: Mir zu Lëtzebuerg, mir konsuméiere pro Joer 50 Terawattstonne Stroum, an dovunner ass manner wéi 1 % vun alternativen Energien hei zu Lëtzebuerg, spréch, ech schwätze vu Wandenergie a vu Sonnenenergie.

Also do ass et einfach och physikaesch net méiglech, dat immens staark ze erhéijen. Leider. Leider soe mir dat och. Mir géife jo och gare méi alternativ Energië benotzen, mee et ass ganz schwéier. A well et och en plus eng volatil Energie ass: Wann dobauss keng Sonn schéngt a wa kee Wand ass, da produzéieren déi Anlage ganz genee null. An dofir brauch een dann e Backup. De Minister hat gesot, de Backup wier de Gas. Dat ass och allgemeng ëmmer esou ugehallt ginn, mee elo hu mer awer e Problem mam Gas. An da stellt sech d'Fro: Wéi wëlle mer dee léisen?

Weider dann zu de Luedestatiounen. Laut EU-Kommissioun brauch ee fir zéng elektresch Autoen eng effentlech Luedstatioun. Dat heescht also, mir bräichte fir 2030 – wa mer dann d'Hallschent vum aktuelle Fuerpark huelen, 440.000 Autoen, da wiere mer op 220.000 Autoen – iwwer 20.000 Luedestatiounen an aacht Joer. Wéi soll dat méiglech sinn?

An da gesäit een och – an dat hunn ech och hei schonn eng Kéier gesot, ech wëll awer nach eng Kéier drop zréckkommen, well dat ass wierklech e spannende Punkt –: Et gi jo och eng ganz Partie Parkinge rieds a lénks opgeriicht, och vum Staat, ech hat d'Beispill genannt vun „Elmen“, wou d'SNHBM Opfangparkinge baut. An do ass et esou, dass vun 202 Parkplazen der ganz genee zéng virgesi si fir elektresch Autoen. Do ass deemools gesot ginn, dat kéint ee verduebelen op 20, mee ech mengen, wann een et seriö géif mengen, da misst een am Fong elo scho fir esou Parkplazen, déi ee jo awer fir déi nächste Joren, Joerzéngte plangt, virgesinn, dass op d'mannst 100 vun deene Parkplazen, vun deenen 202, eng elektresch Opluedstatioun hunn. Dat musst Der de Leit dann awer emol erklären.

An dann ass natierlech nach ëmmer déi allgemeng Gefor, déi mer am Moment hunn, vun enger Energiekris. An do stellt sech natierlech einfach och d'Fro, vu wou mer de Gas hierkréien an dann och, vu wou mer de Stroum hierkréien an Zukunft.

Do war och schonn eng Diskussioun virum Ukrain-Krich. Jo, virun engem Joer huet den däitsche Wirtschaftsministère an d'A gefaasst, dass ee kéint an Zukunft, da ganz vill Elektroautoen ënnerwee sinn, zäiteweis d'Luedestatiounen ausschalten, fir dass de Reseau net géif iwwerlaascht ginn. An déi Gefor stellt sech natierlech elo ëmmer méi, well de Gas eeben den typesche Backup ass, deen ee ka liicht erop- an eroffueren, fir Stroum ze produzéieren. A vu dass mer elo e Problem mam Gas hunn an eventuell nach méi e grouse Problem mam Gas kréien, kréie mer och e Problem mam Stroum.

An dat ass einfach d'Fro, déi ech elo mol géif allgemeng stellen a mat där mer eis mussen alleguerten ausernanersetzen, dat ass: Wou kënnt kuerzfristeg iwwerhaupt dee Stroum hier, dee mir brauche fir alleguerten déi Saachen, déi mat Stroum solle bedéngt ginn, spréch déi vill Elektroautoen, spréch déi vill elektresch Heizungen a sou weider a sou fort? Mir mussen eis wierklech do Gedanke maachen.

Zum Schluss nach eng Kéier ganz kuerz: Nee, mir sinn net géint Elektroautoen. Jo, mir stëmmen dat mat. Mee mir sinn awer och net géint Autoe mat Verbrennungsmotor. An och si sollen hir Plaz behalen, och no 2035, wann et eis no geet.



Konkreet ass et esou: Mir sinn technologieoppen. Mir si souwuel fir Elektroautoen oppen, wéi fir Verbrennungsautoen, wéi och fir aner Alternativen. An den technologesche Fortschritt soll sech duerchsetzen a vun de Bierger fräiwéileg akzeptéiert ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Keup. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) |** Merci, Här Président. Mat dësem Gesetzesprojet di mir eis e bësse méi schwéier. Dass Borne sollen opgeriicht ginn, ass natierlech evident, wann de Fuerpark drastesch ëmgebaut soll ginn, fir schonn 2030 laut de Wënsch vun der Regierung op 49 % Undeel vun der Elektromobilitéit ze kommen. Dass de Staat dofir Subsidien decidéiert, ass an eisen Aen och ze verrieden an och noutwendeg, wann déi néideg Infrastruktur schonn an Zäite vun enger nach schwächer Demande u Borne fir ze luede scho soll geschafe ginn. Mat der Elektrifizéierung vum Fuerpark hu mir och kee Problem. Si ass noutwendeg, well Elektrogefierer e méi klengen ekologesche Foussofdruck wéi Gefierer, déi fossill Energieträger verbrennen, hunn.

Mee ökologesch onproblematesch ass awer keen Auto. An och hei gi Biedem verschwent a versigelt, wann een nei Stroosse muss bauen. Mir kënnen net e séier wuessende Fuerpark elektrifizéieren, wéi dat vun der Regierung geduecht ass, ouni dass sech dobäi ganz eeschthafte Gedanken gemaach gëtt, wéi an Zukunft insgesamt daitlech manner Autoe solle kaf ginn an op eise Stroossen daitlech manner Kilometer mat Privatautoe solle gefuer ginn.

Donieft – an d'CSL huet och dorobber opmierksam gemaach – produzéiere mir zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun ganz wéineg Stroum op Basis vun erneierbaren Energien, mee verbrauchen Atomstroum oder Stroum aus Kuelekraaft oder Gaswierker. „15,6 % vum verbrauchte Stroum war 2020 erneierbar“, seet den ILR.

Wa mer den erneierbaren Undeel wëllen eropschrauwen, da mussen mer de Verbrauch an de Grëff kréien. Mir kënnen eis an Zukunft net weider esou fortbeweegen, wéi dat an de leschte Joerzénge de Fall war. D'Äerd huet eis déi Limitt scho längst opgewisen. D'Léisung läit fir eis net am „null Auto“. Dat ass net realistesch a fir vill Leit och net zoomutbar.

Mee et ass awer méiglech, d'Zuel vun Autoen, déi de Gros vun der Zäit just masseg Plaz a Garagen oder Parkingen ewechhuelen, erofzedrécken, zum Beispill andeems mir eis als Gesellschaft Méiglechkeete ginn, eis Autoen ze deelen, Stéchwuert: „Carsharing“, dee bei eis embryonär bleift.

A Bezuch op dëse Gesetzesprojet si fir eis follgend Elementer doriwwer eraus relativ problematesch:

Éischtens, déi envisagéiert Mise en concurrence vun der ëffentlecher Luedeinfrastruktur. Dëst soll jo iwwert de Gesetzesprojet 7876, deen eng europäesch Direktiv ëmsetzt, kënne geschéien am Fall, wou e Gestionnaire vum Réseau mat iwwer 10.000 Clienten d'Luedeinfrastruktur bedreift.

D'Creos ass de Bedreier vum Chargy-Réseau an huet als Betrib, deem säi Kapital sech bal integral aus ëffentleche Quellen zesummesetzt, dëst Netz mat ëffentleche Gelder opgebaut. Den envisagéierte Verkauf vun der Infrastruktur un een oder méi Operateure wëlle mir op alle Fall net. Mir wëllen, dass dat an ëffentlecher Hand bleift an net eng oder méi

Privatentreprisen de Réseau als Service mission publique exploitéieren an domadder déck Profitte maachen.

Zweetens, déi proposéiert Aiden, déi am Endeffekt derzou féieren, dass d'Bornen zu Lëtzebuerg nom Voiture-Boulot-Dodo-Prinzip ausgebaut ginn. Bornen entstinn do, wou geschafft an akaaft gëtt, an doheem am Garage. Wann ee kee Garage huet, dann huet ee schonn deen éischte Problem. Mee wann ee vläicht emol iergendwou aneschtens fuere wëll wéi just op de Büro, dann huet een deen nächste Problem.

De Standuert vu Borne vu Privatentreprisen wäert ëmmer enger lukrativer Logik nogoen. Als Beispill: Wann eng Grande surface nëmmen zu Ouvertureszäite fir de Public accessible Bornen opriicht, da kritt se dofir 30 % vum Staat finanziert. Mee déi Grande surface riicht déi bei sech op, net am Duerfkär oder virum Kulturzentrum am Quartier. Dofir seet de Syvicol jo och hei zu Recht, dass d'Gemeinde jo och Borne kéinten opriichten. Dëst geschitt jo och schonn zum Deel, an a verschidde Gemengen, wéi zum Beispill zu Suessem, ginn der vill opgeriicht, mee eebe leider nach net a villen anere Gemengen. An déi gi vläicht eeben do op Plazen opgeriicht, wou eng Entreprise sech manner Frequentatioun erwaart.

Drittens, d'Ongläichheete bei der Mobilitéit, déi einfach verschäerft ginn. Ech ginn och hei emol e Beispill: Eng Baufirma mat 200 Matarbechter huet sécherlech keng 200 Parkplazen. Si huet der vläicht 50 oder 10. Wien do parkt, ass kloer: net de Léierbof, net den Handwierker oder den Aarbechter, mee d'Direktioun oder de Conseil d'administration. Déi kréie mat Staatsubsidien elo hir Bornen opgeriicht. Den Aarbechter firt schéi mat sengem Auto a sicht eng Parkplaz a bezilt och nach fir déi Plaz. Bei anere Leit, déi sonndes oder owes an nuets schaffen – ech denken un d'Personal am Commerce oder och am Spidols- oder Fleegesecteur –, ass et nach méi schwierig. Do fueren deelweis manner Busser an Zich oder eventuell iwwerhaupt keng méi. Mee och déi parken net op der Chefetage oder direkt bei hirer Aarbecht. Do si mir eis jo awer eens.

Mir risquéiere mat Gesetzer wéi dësem, ëmmer méi eng Gesellschaft ze kréien, déi verstärkt no de klassische Konfliktlinnen an Ongläichheeten opgebaut ass. D'Stad leeft iwwer mat Bornen, während um Land bal keng ass. Wann ee selwer keng am Garage huet, hat ee Pech. D'Leit aus den ieweschte Schichten hunn eng Parkplaz virun der Dier vum Büro mat Bornen, déi och nach bezuelt sinn, deels vum Staat. D'Caisière ka sech diebelen, fir op d'Aarbecht ze kommen, a bezilt hir Parkplaz an d'Luede vum Auto selwer. Dat sinn d'Problemer, déi misste mer awer iergendwéi geléist kréien.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen (Piraten) |** Merci, Här Président. Dat heissen ass e ganz flott Gesetz. Fir mech als Fan vun der Elektromobilitéit ass et e grouse Schrëtt no vir, dee mer maachen. Et ass Zoufall, dass jo gëscht déi Superchargeren ageweit gi sinn, dat ass da passend. Ech hoffen, et wäerten der nach vill bäikommen, well am Moment ass et jo just eng Richtung a just déi sechs Stéck. Mee wéi ech gelies hunn, kënnt der déi awer ganz schnell erweideren, well et ass nämlech dat, wat et herno interessant mécht, déi ganz Elektromobilitéit, dass och déi Superchargere kommen. Ech mengen, déi Bornen, déi am Moment nach iwwerall stinn, mat eelef oder 22 Kilowatt, dat

ass eigentlech nach eng Technik vu fréier. Well hautzudaags, wann een déi nei Elektroautoe kritt – wann ee se dann eng Kéier kritt, mat de Liwwerzäiten –, da ginn déi bis op 150 Kilowatt erop.

An et ass nämlech dat, wat et ganz interessant mécht, well et ass nämlech net – wéi Verschiddener heiansdo mengen –, dass esou eng Elektroparkplaz mat der Born wär, fir do stonnelaang stoen ze bleiwen. Nee, mir ginn op eng Technik, wou dat herno mat engem gudden Auto an enger hallwer Stonn, mat engem net esou schnellen Auto an enger Stonn, zwou Stonne gelueden ass. Et ass jo och fréier keen op d'Iddi komm, dass een op der Tankstell am Duerf geparkt huet an da mol bei de Bäcker, Metzler akafe gaangen ass an dann einfach emol d'Pompe blockéiert huet, bis deen Nächste kënnt.

Well dat ass nämlech ee vun de Problemer: Mir hunn zwar genuch Pompelen hei, mee wann ee mat Elektroënnerwee ass, mierkt een alt, dass Leit sech do ganz laang fest stellen. Dat ass nämlech ee vun de Problemer hei am Land, dass mir, par rapport zum Ausland, keng Zäitbegrenzung hunn. Am Ausland ass et nämlech esou: Wann ee mat sengem Elektroauto anzwousch parke geet, dee luet, dann ass et fir déi Zäit, wou ee luet. Et ass net, dass een da seng Charge voll huet, well ee grad emol zéng Kilometer nogelueden huet, awer dee ganzen Dag am Shoppingcenter stoe bleift oder iergendeng Parkplaz blockéiert an déi, déi duerno kommen, déi net kréien.

Dofir misst een och zu Lëtzebuerg eng Kéier driwwer nodenken, dass een awer mol op d'mannst eng Zäitschinn abaut, well soss mécht dat Ganzt kee Sënn. Wann d'Elektrobornen, déi aus menger Erfahrung ganz gutt zu Lëtzebuerg opgestallt sinn ... Sécherlech kann een driwwer diskutéieren, der a verschidde Beräicher méi ze maachen, mee am Moment si se gutt opgestallt. A sécherlech, mat all neiem Auto, deen dann iergendwann eng Kéier ausgelievert gëtt, ass et natierlech, dass méi Clienten do sinn.

Also fir eis Piraten ass dat Gesetz hei ganz gutt. Mir sinn och frou, dass do investéiert gëtt, léiwer do, wéi 7,5 Cent an de Pétrol. Dat heescht: Léiwer dat an den Elektro ginn, wéi dass mer de Budget ginn, fir iergendwéi am Pétrol ze maachen.

Wéi ech an der Kommissioun schonn ugedeit hat an och gefrot hat: Wou ech net esou ganz zefridde sinn, ass, dass een un Chargy gebonnen ass. Well do war jo och meng Fro, ob et dann herno méiglech wier, dass zum Beispill de Patron oder, wéi ech viru 14 Deeg dann hei uklänge gelooss hat, dass zum Beispill Hotellen et gratis ubidden. An do krut ech jo als Äntwert vum Beamten an der Kommissioun, dass dat net méiglech wier, well een iwwer Chargy muss fueren, ausser de Patron oder den Hotelbedreier géif Chargy dat rembourseren. Dat mécht keen.

Et wär eigentlech vill méi interessant gewiescht, wann eng Firma kéint higoen an zum Beispill déi Elektrobornen da gratis kéint ubidden. Dat wär eng Plus-value fir de Client, dee kéint dohinner kommen. Et luet ee schnell. Dat kéint dee jo dann a senger Marge matberechnen. Wann een en Hotel huet am Ausland, ass dat gang und gäbe, dass, wann een als Client dohinner geet, een do säin Auto ka gratis lueden. Dat ass hei, esou wéi ech et elo erkläert krut an der Kommissioun, well et jo Chargy-gebonnen ass, leider net méiglech.

Wat awer ganz positiv an dësem Text ass, ass, dass d'Bezuemethoden opginn, well et nervt näischt méi, wéi dass ee muss 20 Kaarten an der Täsch am Portomni hunn, fir iwwerhaupt kënne säi Stroum ze kréien. Wann elo déi heite Borne kommen, da kann ee mat enger Kreditkaart bezuelen, am beschten nach mat enger App, wéi et och am Ausland méiglech ass.

Do huet een eng App an da kann een dat ganz schnell fräischalten. Dat ass vill méi virdeelhaft, wéi wann ee sech muss herno mat 20 Kaarten umellen an esou weider, dee ganzen Zinglabumm. Well hei zu Lëtzebuerg hu mer eeben net nëmmen een Operateur, ech hat dat och schonn eng Kéier hei gesot. Deen Operateur ass och elo net dee bëllegsten, wann een an Europa vergläicht. Do kéint een och nach eng Kéier nohëllefen.

Wa mer op där enger Säit hignn a mir setzen de Pétrol erof – also Dir setzt de Pétrol erof, mir jo net –, wann Dir de Pétrol erofsetzt, hätt een och kënnen higoen an den Elektro am selwechte Moment e bëssen erofsetzen, op d'mannst, fir fair ze bleiven an awer dee Virdeel vun der Elektromobilitéit nach eng Kéier ervirzehiewen. Dat hu mer dunn e bësse vermësst. Well mir si jo der Meenung, mir sollten aus dem Tanktourismus eraus, eran an en Elektrotourismus. An dofir ass eeben dee Supercharger esou interessant.

Wann d'Leit aus der Groussregioun wëllen heihinner tanke komme mat hiren Autoen, sinn déi Superchargen ..., dann tankt Der do, da kënnt Der quasi, ech maachen elo net ze vill Reklam, mee Alkohol an Zigaretten, wat jo nach op Tankstelle gutt leeft, kafen, während Äre Supercharger dat mécht. Dat ass dann deen neien Elektrotourismus. Dat ass vill méi propper an et wär vill besser fir eise Budget wéi den Tanktourismus, wou mer, wéi fälschlecherweis oft behaapt gëtt, net e Plus maachen, mee e Minus. Déi Etüd, déi ass jo och nach eng Kéier an enger Question parlementaire bestätegt ginn.

Also am grouse Ganzen: Mir sinn derfir. Mir sinn och der Meenung, dass se weiderhin ouni Atom solle funktionéieren an dass déi Bornen, déi haut gestëmmt ginn, och weiderhin net vun Atom solle gespeist ginn. Dofir bleiwe mir Piraten och an deem Bündnis a mir wäerten eis och weiderhi géint den Atom ausschwätzen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert: den Här Energieminister Claude Turmes.

#### *Prises de position du Gouvernement*

**M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie** | Villmools merci. Ech menge wierklech, an dat schéngt jo och hei gedeelt ze ginn, dat dat hei e wierklech ganz wichtige Gesetzesprojet ass. Ech mengen, et ass e Meilesteen, fir elo weiderzecommen an der Elektromobilitéit. An ech si ganz frou, dass ech mam Franz Fayot haut dee Projet dann och quasi vun der Regierungssäit nach eng Kéier e bësse kann erläuteren.

Ech mengen, am Verkéier, wa mer dee wëlle klimafreëndlech gestalten a wa mer och net wëllen ëmmer nei Stroossen an esou weider bauen, da muss een eng gewëssen Hierarchie hunn. Dat heescht, dat Éischt geet beim Urbanismus un, dat heescht, mir probéieren, e Land ze sinn, wou mer d'Leit esou no wéi méiglech bei hir Aarbecht, bei hir Fräizäit wunne kréien. Ech mengen, dat ass jo déi Diskussioun vu vir-drin, och Frichen ze notzen an esou weider.

Dat Zweet ass den ëffentlechen Transport. Ech wëll hei nach eng Kéier drin erënneren: Mir sinn am Moment dat Land op der Welt, wat am meeschte pro Kapp an den ëffentlechen Transport investéiert, a mir sinn och dat eenzegt Land, wat e gratis ëffentlechen Transport ubitt.

Ech mengen, beim Vëlo si mer och gutt ënnerwee. Mëttlerweil gëtt et jo eng ganz Rei aner Gefier, Trottinneten an esou weider, déi ëmmer méi de Wee fannen, wat jo och eng nei Form ass vun duusser Mobilitéit.

Carsharing ass eppes, wat och sai Wee mécht. An ech mengen, de François Bausch hat rezent eng Konferenz mat enger ganzer Rei Experten. An dorausser kommen elo eng Rei nei Initiativen, fir och de Carsharing méi ënnert d'Leit ze bréngen.

An dann hu mer natierlech grad och am ländleche Raum och nach e Bedarf un Autobesëtzer. An duerfir ass et eebe wichteg, dass deen elo eriwwegeet op d'Elektromobilitéit.

Eist Zil ass am nationalen Energie- a Klimaplang, dass mer 2030 49 % vun allen Autoen op der Strooss elektresch hunn. Ech sinn optimistes, dass mer dat Zil errechen. Éischstens, ech mengen, kuckt Iech emol einfach un, wat déi lescht zwou Wochen och um europäeschen Niveau decidéiert ginn ass. D'lescht Woch en Dënschdeg ass hei zu Lëtzebuerg vu 27 Ëmweltministeren en Accord fonnt ginn, dass thermesch Autoen ab 2035 terminéiert ginn. An dat huet natierlech zur Konsequenz, dass sämtlech Automobilkonzerner elo um europäesche Marché nach vill méi wäerten attraktiv elektresch – voll elektresch – Autoen op de Marché bréngen. Well wa se dat net maachen, da si se net méi esou present op deem Marché, also wäert et och elo geschwënn nach vill méi attraktiv Modeller ginn, och an alle Gammen, mengen ech, och fir Familijewen.

An dat Zweet, wat een net soll ënnerschätzen ... Dat Eent ass de Marché vun de Privatautoen. Dee stimuléiere mer jo mat eiser Primm vun 8.000 Euro. Mee dat, wat fir Lëtzebuerg exceptionnel wichteg ass, soen ech: Et gëtt keen anert Land an Europa, wat esou en héijen Undeel u Leasings- ... also u Voitures de société huet.

An dat, wat de François Bausch zesummen och mat der Finanzministerin op de Wee bruecht huet, d'Reform vum Leasinggesetz ... dat heescht, ab 2024 (veuillez lire: 2025) ass et guer, guer, guer net méi interessant, fir iwwert d'Steiervirdeeler vun de Voitures de société iergendeppes anescht, iergendeen aneren Auto ze hu wéi en elektreschen. A wann ... Der wësst, dass dat 50 % sinn, dat heescht, 50 % vum Marché wäert am Joer 2024 (veuillez lire: 2025) komplett eriwergoen op Elektresch. An duerfir ginn déi Zuele vun den elektreschen Autoen och elo an d'Luucht.

An et war jo eng Remark vir-drin, Hybrid an Elektresch, Dir musst wëssen, dass dëst Joer dat éischt Joer ass, wou mer méi elektresch Autoe verkafe wéi Hybrid. Dat heescht, déi Tendenz ass elo schonn do, a grad wann d'Leasinggesetz – dat neit – sech applizéiert, wäert dat massiv an d'Luucht goen.

An da brauche mer natierlech och eng Politik, fir weiderhin eent vun den attraktivsten an dichtesten Netzer ze si vu Ladestatiounen. Mir hunn eng Politik, fir doheem Wallboxen opzerrichten. D'Experte ginn dovun aus, dass 60 %, 70 %, 75 % vun alle Ladevorgäng wäerten doheem passéieren. Dat heescht, ganz, ganz vill Leit wäerten ëmmer doheem lueden. Ech hat elo nach d'lescht Woch d'Chance, mat engem ze schwätzen, dee seet: „Ech hu säit dräi Joer en Elektroauto“, deen huet zweemol an deenen dräi Joer net doheem gelueden. An dat ass natierlech virun allem wouer och fir all déi Leit, déi eeben eege Garagen hunn.

Dann, dat Zweet ass natierlech, dass ech e Bornesystem brauch am ëffentleche Raum. Mir hu mat Chargy a mat SuperChargy den zweetdichteste Reseau a ganz Europa. A mir haten e Méinden de Moien d'Chance, mam Vizepräsident vun der Kommissioun, dem Här Timmermans, elo 24 nei Superchargeren – Aire de Capellen op deenen zwou Säiten, Aire de Berchem op deenen zwou Säiten – ... Dat heescht, mir sinn och fir dese Summer elo gerëscht, wann d'Hollänner mat

hiren Elektroautoen op d'Côte d'Azur fueren. An et ass natierlech och e weidert Angebot fir eis Residenten.

Dat leeft alles. A lo kënnt deen nächste Schrack: Dat ass, dass mer elo eebe sämtlechen Tankstellen, sämtleche Supermarchéen, sämtleche Leit, déi e Bürosgebai hunn, sämtlechen Handwierker, Industriebetriber d'Méiglechkeet ginn, fir selwer och fir hiert Personal a fir hir Clienten elektresch Bornen opzerrichten. An déi gutt Noriicht ass: Eis Leit, dem Franz seng Leit a meng Leit, hunn immens gutt geschafft, net nëmmen um Gesetz, mee mir wäerten och nach dese Juli déi éischt Ausschreiwung maachen an der Gréisstenverdringung vu sechs Milliounen. A mir wäerten och do relativ schnell kënnen den Zouschlag maachen, well mer wëssen, dass ganz, ganz vill Acteuren hei zu Lëtzebuerg prett sinn, fir elo schonn de Schrack ze maachen direkt och an nei Infrastrukturen.

Fir d'Gemengen, a fir vläicht och nach eng Kéier dee Punkt ze erklären: Et ass effektiv esou, dass et um Niveau vun der Europäescher Unioen 2012-2013 eng Gesetzgebung gouf, déi gesot huet: „Baut elo mol eng Grondinfrastruktur op an dat kënnt Der roueg och iwwert d'ëffentlech Hand oder iwwert d'Netzbedreiwer maachen.“ An dunn ass 2018 eng nächst Direktiv komm, déi sot, esou wéi de Staat an d'Gemenge keng Tankstelle bedreiwen, soll dat eeben och an Zukunft éischer e Privatbusiness sinn wéi en ëffentleche Business.

Dat heescht, de System wäert elo iwwerfouert ginn, graduell. A mir wäerten eis do och déi néideg Zäit loosse, fir dat mat de Gemengen an allen Acteuren ze beschwätzen. Mir mussen dee System iwwerféieren, mir hunn do kee Choix. Mir hunn dat och juristes, erop an erof gekuckt an ... Gutt. Mee mir loosse eis Zäit dofir. Elo ass emol wichteg, dass mer déi Grondinfrastruktur hunn.

An dann, mengen ech, fir all déi – an ech mengen, mir hunn der jo net weéng heibannen –, déi Gemengepolitiker sinn: Mir hu ganz vill mam Syvicol diskutéiert. A mir hu lo dräi Saache gemaach, fir och de Gemengen ze hëllefen. Dat Éischt ass: Mir hu mam Interieur zesummen e Standardkontrakt entwéckelt, fir eeben ... Ech hunn als Gemeng ëffentlech Parkplazen, ech hunn en Operateur, deen op deenen ëffentleche Parkplazen de Service ubitt. A wat ass de Standardvertrag? An deen hu mer och mam Interieur gekläert, fir dass et do keng juristes, Onsécherheete gëtt.

Dat Zweet ass: Mir hunn eng Plattform bei der Klima-Agence geschaf fir de Matchmaking. Dat heescht, dass eeben d'Operateuren – a mir hu mëttlerweil fënnel oder sechs national Operateuren, déi wierklech elo an dee Marché erakommen –, dass déi eeben och einfach kënnen e Matchmaking maache mat de Gemengen.

An dat Drëtt – an dat schéngt mer och wichteg –: An der Klima-Agence hu mer och elo zwee Leit, déi wierklech d'Berodung maache vun de Gemengen. Dat heescht, dass mer d'Gemengen och net eleng loosse, déi soen: „Ok, ech hunn hei e Quartier. Et ass e Quartier, wou ganz vill Leit keng eege Garage hunn – wéi maachen ech dat elo?“ An dass mer eeben do och ... Mäin Appell un d'Gemengen ass: Huel Iech e Rendez-vous bei der Klima-Agence a loosst Iech vun hinnen hëllefen, och an der éischer Berodung, wéi Der dat dann ugitt!

E leschte Punkt: d'Syndicken. Merci nach eng Kéier och dem Här Schaaf, dass en déi Fro opbruecht huet. An deemem Gesetzesprojet hu mer d'Méiglechkeet vum Leasing. Dat heescht, mir hu Firmen, déi kënnen dat och de Syndicken ubidden. Dat ass elo en Deel vun der Äntwert. Mir hunn nach eng zweet Äntwert an der Maach: Dat ass, dass mer dat besteeënd





Wallboxreglement, wat éischter um Klimafong hänkt, elo wäerte licht adaptéieren. An duerfir géif ech proposéieren, wann Dat fir Iech ok ass, dass mer – also ech, ech si bereet – déi Motioun nach eng Kéier an d'Kommissioun huelen. An da kann ech Iech do nach eng Kéier méi am Detail erklären, wéi mer do wëllen drun eruegen.

An dat Allerwichtigst fir ze verstoen – an dat ass elo eng Äntwert op déi Suerge mat „Packt d'Stroumnetz dat?“ – ass ëmmer: Ech muss mer e Konzept ginn, an an deem Konzept muss Intelligenz dra sinn. Dat heescht ... an ech hunn eeben d'Méiglechkeet ..., mir sinn am Zäitalter vum IT, vum Digitalen, a mir kënne jo doriwwer dann och effektiv dat alles maachen.

An da ginn ech d'Wuert weider u mäi Kollege, de Franz Fayot, mat deem mer eng super ...

(Interruption)

...Zusammenaarbecht haten an deem Projet.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Fir d'éischt nach vläicht Parole après ministre fir den Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo. Merci, Här Präsident. Et ass éischter eng Fro an déi Richtung, wéi Der dat gesitt mam Zäitmanagement op den Elektroparkplazen, dat zäitlech Begrenzt, ...

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Dat hat ech jo ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... wat ech gefrot hat.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Dir hutt Recht. Also mir hunn ugefaange mat der Creos, déi jo d'Chargysnetz operéieren, driwwer nozedenken. Et ass eng Saach, wou ech soen, mir mussen ... Dat gëtt et méttlerweil ... EnBW mécht dat a Baden-Württemberg a mir si mat hinnen amgaang ze kucken. Dir musst natierlech dann Är Software ..., déi muss upgedate ginn. A mir musse kucken, dass mer do elo déi néideg Software – wéi soll ech soen? –, Backoffice maachen.

An Dir hutt Recht. Mir mussen dohinner kommen, dass déi Chargysstationen net nëmme eemol am Dag genotzt ginn, mee e puermol am Dag. A mir sinn do drunner.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Turmes. An da wier et um honorabelen, net um honorabelen, um Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

(Hilarité)

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Ech war eng Kéier honorabel, ech sinn et net méi.

(Hilarité)

Merci, ...

(Brouhaha)

... merci, Här ...

(Interruption)

O, ëmmer manner!

Merci, Här Präsident. Den Tank vun der Zäit ass eidel, dat heescht, ech fueren elo hei op der Reserv. Dofir wäert ech et och ganz kuerz maachen.

Merci un d'Rapportrice fir hiren exzellenten a ganz komplette Rapport.

Jo, dat hei ass effektiv e weideren, e ganz wichtige Schrëtt fir d'Dekarboniséierung vun der Mobilitéit

hei am Land. D'Chiffere si genannt ginn. Dat Gesetz hei bezouschosst souwuel grouss Projekte fir de bestoende Reseau vun öffentleche Bornen – an domat och eng Demokratiséierung vun der Elektromobilitéit, fir dass effektiv net just déi Leit, déi e Garage hu mat engem Stecker, kënnen elektresch fueren –, awer och méi kleng Projekte fir d'Bornen an de Betriber, an de PMEen, an alle Betriber fir hir Beleegschaft kënne ze installéieren.

Bornen, dat ass effektiv, dat gëtt e Bottleneck fir d'elektresch Mobilitéit. Dat ass en Trend, deen elo scho ganz kloer do ass. Et wäert warscheinlech – während enger Phas op d'mannst – méi Elektroautoe ginn, wéi et Chargeure gëtt. An duerfir ass dat heiten e wichtige Projet, fir deem och entgéintzewierken.

Den zweete Punkt, deen ech gär kuerz géif maachen, dat ass, dass dat hei awer och eng Begleederschei-nung ass vun enger Branche, déi am Wandel ass a wou och d'Autosproduzenten, mee awer och d'Zouliwwerer, déi hei bei eis am Land aktiv sinn, ganz kloer d'Zukunft gesinn an och hir Produktioun do-rober ëmstellen.

D'ILEA, d'Federation vun den Autoszouliwwerer, geet selwer dovunner aus, dass 65 % Elektrogefierer am Joer 2033 wäerten hiergestallt ginn an en Circulation sinn. Dat ass also ganz kloer eng Tendenz, déi do ass. An dat ass en Trend, dee mer begleele mat dësem Aidendispositif.

An och dat ass wichteg, dass mer do en phase si mat enger Evolution, déi mer gesinn an där Industrie.

Ech sinn awer och mat all deene Riedner eens, an de Claude Turmes ass och drop agaang, dass d'Léisung net dierf dra leien, net kann dra leien, dass mer eent zu eent all d'Verbrennungsmotoren duerch Elektroautoe remplacéieren an dann en fin de compte duerno mat eiselem Elektroauto am Stau stinn. Mir brauchen och eng nei Mobilitéit. Mir brauchen en neie Modal Split. Mir brauche méi Carsharing. Mir brauche méi Mobilitéé douce, haaptsächlech och am urbane Raum. An dat geet also dofir Hand an Hand. Och alles dat am Sënn vu méi Sobriétéit am Émgang mat Energie – och an eiser Mobilitéit.

Dofir soen ech och gär dem Claude Turmes a senge Leit Merci fir déi gutt Zusammenaarbecht op dësem Projet. An ech freeë mech och op déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7925. Den Text steet am Document parlementaire 7925<sup>a</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7925 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An de Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentionen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par M. Jean-Paul Schaaf), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Jean-Marie*

*Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Jean-Marie Halsdorf), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Marc Spautz), Mme Octavie Modert (par Mme Martine Hansen), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Lies) et Michel Wolter (par M. Paul Galles);*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Tess Burton (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber;*

*Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par Mme Stéphanie Empain) et Mme Jessie Thill;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues: Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

**Motion 1**

Da komme mer nach zur Motioun, déi vum Här Schaaf deposéiert ginn ass. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? D'Madamm Jessie Thill.

**Mme Jessie Thill** (déi gréng) | Jo. Merci, Här Präsident. Ech géif proposéieren, dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech ginn direkt d'Wuert un den Auteur, fir hien ze froen, ob hien domadder d'accord ass.

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Dat ass fir mech absolut kee Problem. Merci. Gären.

**Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission**

**M. Fernand Etgen**, Président | Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun an d'Kommissioun verwisen.

*(La motion 1 de M. Jean-Paul Schaaf est renvoyée à la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire.)*

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 19.14 heures.)*

## Sommaire

1. **Ouverture de la séance publique** ..... p. 65  
M. Fernand Etgen, Président
  2. **Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet de l'impact envisagé de la directive établissant un cadre pour le caractère adéquat des salaires minimaux sur la politique des salaires au Luxembourg** ..... p. 65  
Exposé : Mme Myriam Cecchetti (dépôt des motions 1 et 2)  
Débat : M. Marc Spautz | M. Frank Colabianchi | M. Dan Kersch | M. Charles Margue | M. Jeff Engelen (dépôt de la motion 3) | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire  
Motion 1 : M. Dan Kersch | M. Marc Spautz | M. Marc Goergen | M. Frank Colabianchi | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti  
Vote sur la motion 1 (rejetée)  
Motion 2 : M. Dan Kersch | M. Marc Goergen | Mme Myriam Cecchetti (intervention de M. Dan Kersch)  
Vote sur la motion 2 (rejetée)  
Motion 3 : M. Roy Reding | M. Marc Spautz | M. Dan Kersch | M. Marc Goergen | M. Gilles Baum | M. Roy Reding  
Retrait de la motion 3
  3. **Dépôt d'une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés par M. Roy Reding** ..... p. 73  
Exposé : M. Roy Reding
  4. **7906 – Projet de loi portant dissolution et liquidation de l'hospice civil de la Ville de Remich, dénommé « Jousefshaus »** ..... p. 73  
Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration : M. Gilles Baum  
Discussion générale : Mme Octavie Modert | Mme Tess Burton | M. Charles Margue | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7906 et dispense du second vote constitutionnel
  5. **7952 – Projet de loi portant changement de limites entre la Commune de Berdorf et la Commune de Consdorf** ..... p. 76  
Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes : M. Carlo Weber  
Discussion générale : M. Michel Wolter | M. Gilles Baum | M. Marc Hansen | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7952 et dispense du second vote constitutionnel
- Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Corinne Cahen, Mme Taina Bofferding et M. Georges Engel, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Nee, Här President.

### 2. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet de l'impact envisagé de la directive établissant un cadre pour le caractère adéquat des salaires minimaux sur la politique des salaires au Luxembourg

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert den Impakt op d'Lounpolitik vum der Direktiv iwwer adequat Mindestlén, déi d'politesch Sensibilitéit déi Lénk ugefrot huet. Et hu sech ageschriwwen: den Här Marc Spautz, den Här Frank Colabianchi, den Här Dan Kersch, den Här Charles Margue, den Här Jeff Engelen an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti als Vertriederin vum der politischer Sensibilitéit déi Lénk. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

#### Exposé

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Villmools merci. Här President, viru ronn engem Mount kouw d'Nouvelle, dass ...

**Plusieurs voix** | Mikro!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ass en elo un? Ok.

Här President, viru ronn engem Mount kouw d'Nouvelle, dass de Rot, bestoend aus den Aarbechts- a Sozialministeren, an d'Europäesch Parlament sech op d'Direktivproposen iwwert den europäesche Mindestloun gëeenegt hunn. An de kommende Méint wäert

den definitiven Text vu béiden EU-Institutionen nach formal votéiert ginn. Mee den Inhalt vum der definitiver Propos kenne mir elo, an dëse ka gréisser Implikatioun fir d'Lounpolitik an Europa an zu Lëtzebuerg hunn.

D'Zil vum der Direktiv ass kloer virginn: D'Aarbechtsan d'Liewensbedéngungen an de Memberstaate solle verbessert ginn. D'Lén an all de Memberstaate sollen en dezent Liewe fir déi Lounofhängeg an hir Familien erméiglechen. D'Europäesch Kommissioun huet a hirer Propos dofir zwee zentral Hiewele virgesinn, iwwert déi ech och an éischter Linn schwätze wéilt: éischters: d'Héicht vum der Mindestlén; zweetens: d'Zuel vum der Salariéen, déi mat engem Kollektivvertrag schaffen.

Am Virfeld gouf et jo vill Mëssverständnisse doruwer, ob d'Europäesch Kommissioun hei en eenheetleche Mindestloun fir déi ganz EU-Staate festleeë géif oder net. Dat ass natierlech net de Fall. D'EU huet déi Kompetenzen och iwwerhaupt net. Awéieren dat och wünschenswäert wär, ass eng aner Fro, ob déi ech elo net weider agoe kann. Villméi leet déi proposéiert Direktiv e Kader fest fir d'Festleeë vum der Mindestlén an den EU-Staate respektiv bestëmmte Guidelines fir déi Staaten, déi an hirer Lounpolitik op Mindestlén verzichten.

Wann ee sech dës Instrumenter an der Direktiv elo ukuckt, da stellt ee fest, dass dës Direktiv eng ganz gutt Upak gëtt, fir d'Mindestlén an der EU deelweis substanzuell eropzesetzen, de Stellwäert vum der Kollektivvertrag ze stäerken an op deem Wee zu enger allgemenger Reduzéierung vum der Lounongläichheeten innerhalb vum der Memberstaate bäiziedroen.

Mir verstinn dowéinst dem Här Aarbechtsminister säin Houfert iwwert dës Direktiv, deen en an der Press och geäussert huet, och als Ausdrock vum Elan, mat deem hien elo deemnächst dann déi néideg Reforme wäert an Ugrëff huelen, fir de Krittären an Zilsetzung vum der Direktiv gerecht kënnen ze ginn. Well zu Lëtzebuerg besteet opgrond vum dëser Direktiv dréngenden Handlungsbedarf, an zwar an alleréischter Linn beim Mindestloun selwer.

D'Direktiv leet nämlech fest, wéini vum engem de-cente Loun fir eng Aarbecht ka geschwat ginn.

Anstänneg bezuelt ass eng Aarbecht deemno dann, wann de Loun 50 % vum Duerchschnittsloun oder 60 % vum Medianloun entsprécht. An der EU erreicht aktuell just Portugal dësen Niveau beim Mindestloun. Lëtzebuerg dergéint läit net am Spëtzeloton, mee éischter am Mëttelfeld.

De Mindestloun louch 2019 bei 43,8 % vum Duerchschnittsloun a bei 43,9 % (veuillez lire: 53,9 %) vum Medianloun. Dat ass net just knapp verfeelt, mee et ass däitlech ze mann, wat näischt anescht heescht, ...

(Interruption par M. Dan Kersch)

... wéi dass zu Lëtzebuerg de Mindestloun ...

(Mme Myriam Cecchetti envoie un baiser volant en direction de M. Dan Kersch.)

... den Uspréch vum der Direktiv bei Wäitem net gerecht gëtt an d'Bezuellung vum Aarbecht mam Mindestloun eendeiteg ongenügend ass.

Aschränkend ass natierlech ze soen, dass d'Zuelematerial, dat der Direktivpropos scho bäigeluecht ginn ass, schonn dräi Joer al ass, Här Kersch. D'Montanten hunn dräi Joer dono zwar geännert, mee de Constat bleift onverännert: Lounofhängeger um Mindestloun verléieren zu Lëtzebuerg finanziell den Uschloss.

Dozou eng méi rezent Zuel: Fir 2021 huet de Statec en Duerchschnittsloun vu 5.411 Euro errechent. Zum selwechten Zäitpunkt louch de Mindestloun bei ronn 2.200 Euro. Also war de Mindestloun d'lescht Joer just nach 41 % vum Duerchschnittsloun wäert. Dass de Mindestloun lues a lues u Wäert verléiert, an dat besonnesch par rapport zum Duerchschnittsloun, verwonnert eis natierlech net.

D'CSL weist all Joer am Panorama social, wéi d'Inegalitéite bei de Salarié wuessen. Émsou méi begréissenswäert ass et dofir och, dass d'Kommissioun och den Duerchschnittsloun als Indicateur virgesäit, well de Medianloun eleng ass net aussagekräfig genuch.

Här President, zu Lëtzebuerg ass dann och – an dat ass wéineg verwonnerlech – ee vum zéng Vollzäit-salarié vum Aarmut betraff. Domat ass Lëtzebuerg hei am traurege Spëtzentrio an der EU. Am stäerkste betraff sinn hei eenzel Stéit mat oder ouni Kanner.



Et sinn och dës Stéit, bei deenen den Akommesecart par rapport zu Duerchschnëtts- oder Medianlén am gréissten ass.

Den Impakt vun engem Eropsetze vum Mindestloun wier grad fir dës Leit am wirkungsvollsten. Den Undeel vun de sougenannte „Working Poor“ kéint esou drastesch reduzéiert ginn.

Lëtzebuerg ass hei eent vun deene Länner, wou eng Upassung vum Mindestloun, laut Kommissioun, e besonnesch positiven Impakt hätt op Aarmutsbekämpfung an Ofbau vun Ongläichheeten. Wa mir elo vu Gréisstenuerdunge schwätzen, da kënne mer Tech dës zwou Zuele ginn: Wéilt een de Mindestloun op 60 % vum Medianloun upassen, da misst de Mindestloun ëm gutt 150 Euro eropgesat ginn; wéilt een op 50 % vum Duerchschnëttsloun goen, da wieren et der 350.

Mir géifen eis fir den zweete Montant staarkmaachen, well nëmmen d’Kopplung un den Duerchschnëttsloun och tatsächlech géint déi wuessend Lounongläichheete wirkt. Mir hunn eng Motioun an deem Sënn virbereet. Wannechgelift, Här President.

### **Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

– *vu que le droit à un salaire équitable pour tous les salarié.e.s leur assurant un niveau de vie décent est inscrit dans le socle européen des droits sociaux ;*

– *vu la proposition de directive du Parlement européen et du Conseil relative à des salaires minimaux adéquats dans l’Union européenne ;*

– *vu que la proposition de directive vise à introduire des critères pour déterminer si les niveaux des salaires sociaux minimaux dans les pays membres sont adaptés par rapport aux salaires médian et moyen et permettent une vie sociale décente aux salarié.e.s qui en dépendent ;*

– *vu que les Objectifs de développement durable (ODD) de l’ONU prévoient que les revenus des 40 % les plus pauvres de la population augmentent plus rapidement que le revenu moyen national ;*

– *considérant que les inégalités de salaires se creusent depuis 20 ans et plus notamment à cause d’une plus forte progression des salaires élevés par rapport aux salaires les plus faibles ;*

– *considérant que la pauvreté laborieuse atteint un niveau préoccupant au Luxembourg et concerne 10,5 % des salarié.e.s à plein temps et 16,6 % des salarié.e.s à temps partiel dont la majorité sont des femmes ;*

– *considérant qu’une augmentation du salaire social minimum entraînera une réduction du « gender pay gap » vu que la majorité des salarié.e.s gagnant le salaire social minimum sont des femmes ;*

– *considérant que le salaire social minimum brut actuellement en vigueur au Luxembourg est inférieur à 60 % du salaire médian brut et à 50 % du revenu moyen brut et ne remplit donc aucun des deux critères prévus par la proposition de directive,*

*invite le Gouvernement*

– *à procéder dès à présent à une réévaluation du salaire social minimum en tenant compte de la proposition de directive relative à des salaires minimaux adéquats dans l’Union européenne ;*

– *à mettre le salaire social minimum brut au Luxembourg en conformité avec la proposition de directive dès son entrée en vigueur en l’augmentant au moins à 60 % du salaire médian brut.*

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, den zweete ganz wichtege Aspekt, op deen ech wéilt agoen, betrëfft Kollektivverträge. D’Direktiv gesäit elo an der leschter Fassung en Zilwäert vun 80 % vir. Also, véier vu fënnf Lounofhängeger sollen à terme vun engem Kollektivvertrag ofgedeckt ginn.

Lëtzebuerg läit aktuell bei 59 % a stagnéiert scho säit Joren. Deementspreechend muss Lëtzebuerg laut Direktiv en Aktionsplang virleeën, fir dësen Taux eropzesetzen. Et ass evident, dass e méi héijen Undeel u Kollektivverträge e positiven Impakt op déi allgemeng Lounentwécklung a soumat op de Mindestloun huet. Besonnesch an deene Secteuren, wou de Mindestloun d’Reegel ass oder generell déif Lén bezuelt ginn – ech denken do un den Horeca, Beräicher am Transport, am Commerce, am Nettoyage an och bei verschiddeenen Handwierker –, kënnen nei oder besser Kollektivverträge zu Lounopbesserunge féieren, déi dann och Leit aus dem Aarmutsrisiko kéinte befreien.

Zu Lëtzebuerg ass de Lien tëschent Kollektivverträge a Mindestloun strukturell iwwer Gesetz matenee verbonden. Déi biannuell Upassung vum Mindestloun an déi allgemeng Lounentwécklung fält méi positiv aus fir Lounofhängeger, wann an deenen zwee Joer Kollektivverträge bäikomm oder nei ausgehandelt goufen, déi nieft besseren Aarbechtsbedéngungen och meeschtendeels besser Salairé virgesinn, wéi dat als Minimum am Gesetz steet.

Fir bei de Kollektivverträge méiglechst séier virunzekommen, hu mir och eng Motioun virbereet. Wannechgelift, Här President.

### **Motion 2**

*La Chambre des Députés,*

– *vu la proposition de directive du Parlement européen et du Conseil relative à des salaires minimaux adéquats dans l’Union européenne ;*

– *vu que la proposition de directive demande à tous les États membres de l’Union européenne de viser une couverture d’au moins 80 % de tous les salarié.e.s par des conventions collectives ;*

– *considérant qu’un renforcement des négociations collectives et une augmentation de la part des salarié.e.s couverte par une convention collective entraîne mécaniquement une augmentation générale des salaires et notamment des salaires les plus bas ;*

– *considérant qu’au Luxembourg la part des salarié.e.s couverte par une convention collective se situe à 59 % et reste donc largement inférieure au taux visé par la proposition de directive ;*

– *considérant qu’au Luxembourg de nombreuses activités et secteurs à salaires généralement faibles ne bénéficient peu ou pas de conventions collectives ;*

– *considérant que la proposition de directive impose aux États membres dont la couverture en matière de conventions collectives est inférieure à 80 % de mettre en œuvre un plan d’action visant à augmenter ce taux,*

*invite le Gouvernement*

– *à présenter d’ici la fin de l’année un projet de loi portant réforme de la législation en matière de négociations collectives visant à adapter celle-ci à l’évolution de l’économie luxembourgeoise et à renforcer les droits de négociation des syndicats ;*

– *à présenter au plus tard six mois après l’entrée en vigueur de la directive précitée un plan d’action en matière de négociations collectives élaboré en concertation étroite avec les partenaires sociaux.*

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, mir kéinten elo nach iwwer aner Elementer vun der Direktiv schwätzen. Mee fir eis war et wichteg, an dëser kuerzer Zäit op déi zwee wichtegst Punkte vun der Direktiv anzegoen an déi kuerz op de Lëtzeburger Kontext erofzebriechen.

Déi zentral Ausso, déi muss hänkebleiwen, ass: Eise Mindestloun ass net héich genuch, fir anstänneg kënnen dovunner ze liewen, an e verléiert donieft u Wäert par rapport zum Duerchschnëttsloun. Eng Upassung vum Mindestloun am Kader vun dëser Direktiv géif eng substanzuell Erhéijung bedeuten a kéint fir vill Lounofhängeger am Niddreglounberäich eng reell Verbesserung vun de Liewensbedéngungen bedeuten. D’Stärkung vun de Kollektivverträge ass e wichtege Facteur, dee fir eng allgemeng Progressioun bei de Lén suerge kann.

Här President, mir mengen, datt d’Regierung keng Zäit ze verléieren huet an esou séier wéi méiglech déi néideg Mesuren ergräife soll, fir derfir ze suergen, datt déi vill Leit, déi zu Lëtzebuerg oft ganz essenziell Aarbechte fir eis alleguete maachen, dat kréien, wat hinnen och zousteet, nämlech en anstännege Loun.

Mir soen Iech Merci fir d’Nolauschteren.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Fernand Etgen,** Président | Merci, Madamm Cecchetti.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d’Wuert.

### **Débat**

**M. Marc Spautz** (CSV) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d’alleréisch der Madamm Cecchetti merci fir d’Initiativ, fir dësen Debat hei ze froen, dës Heure d’actualité. Mee, d’Madamm Cecchetti huet et selwer gesot, et wier vläicht besser gewiescht, eng Interpellatioun unzefroe wéi eng Heure d’actualité, well ech weess, ausser hir, déi elo zéng Minutten huet, hunn d’Kolleegen heibannen an ech och nëmme fënnf Minutten. Mee ech hätt och kënne selwer drop kommen, eng Interpellatioun ze froen. Klammer erëm zou.

Dir Dammen an Hären, léif Frënn, ech mengen, et ass wierklech e Meilesteen an der europäescher Sozialgeschicht, wat den Aarbechts- a Sozialminister zesumme mam EU-Kommissär a mat der EU-Kommissioun fäerdegbruecht huet, dass mer elo hei eng europäesch Richtlinn kréie fir Mindestlén. Woubäi et ganz wichteg ass ze betounen: Et gëtt net een europäesch Mindestloun, well da wiere mer ni zu engem Accord komm, mee et gëtt eng Richtlinn, wéi en europäesche Mindestloun soll ausgesinn.

D’Madamm Cecchetti ass drop agaange mat deene 50 % Bruttoduerchschnëttsloun a 60 % Bruttomedianloun. Ech mengen, do ass et wichteg, dass alleguerten déi Chifferen och op den Dësch kommen. Do gëtt et de Panorama social vun der Chambre des Salariés. Et gëtt Berechnungen, déi een an der Sécurité sociale mécht; dass een do eng Bestandsopnam mécht an dass een déi Saachen all huet, wa mer heibannen eis domat beschäftegen, wann d’Ratifikatioun vun dësem Accord, dee jo elo 24 Méint Zäit huet, fir dass mer dorop aginn, fir dass deen da ratifizéiert gëtt, dass mer dann all dat Material hunn, fir dann déi Diskussioun och kënnen en connaissance de cause ze féieren.

An doriwwer eraus kënn jo dat och mat de Kollektivverträge. Ech mengen, dass et och wichteg ass, bei de Kollektivverträge ze kucken, wivill Leit zu Lëtzebuerg ënner Kollektivvertrag falen a wivill Leit net

drénnerfalen. Et ass ëmmer geschwat gi vu ronn 50 %, déi hei zu Lëtzebuerg géifen drénnerfalen. Mee da misst een och elo déi genau Bestandsopnam maachen. An ech ginn dovun aus, dass, bis d' Ratifikatioun kënnt, de Ministère, zesumme mam Statec a mat der IGSS, alleguerten dat Material dann huet, fir dat och kënne ze kucken.

Well et geet elo net duer ze feieren, obwuel dat Ganzt derwäert ass, dass mer europäesch Mindeststandarden hunn, mee mir mussen dann awer och kucken, wéi mer dat alles kënne erreechen, fir dass déi Leit, déi op deem Mindestloun schaffen, och richtig domat kënnen liewen.

An ech wëll dorun erënneren, d' Madamm Familljeminister erkläert dat och allkéiers, dass jo allkéiers déi Analys gemaach gëtt: Wat braucht de hei zu Lëtzebuerg, fir solvabel ze liewen? Wat brauch e Menage vun enger, vun zwou oder dräi Persounen, déi da mussen domadder ëmgoen?

Well verschidde Kolleegen heibannen, déi wëssen et nach, anerer net: Mir haten an der Zäit och emol e Mindestloun mat Charges familiales oder e Mindestloun ouni Charges familiales. Deen ass am Kader vun der Concurrence déloyale, fir do dee Salarié, dee sech virstelle gaangen ass, ofgeschaaft ginn, well mer festgestallt hunn, dass bei deem, dee sech virstelle gaangen ass mat Charges familiales, de Betrib méi retizent war wéi bei deem ouni Charges familiales.

Mee dass et och elo wichteg ass, dass mer déi Hausaufgab maachen, fir dass mer prett sinn, wann d' Ëmsetzung vun der Direktiv kënnt. Dass mer dann och schwätzen iwwer d' Héicht vum Mindestloun, dass mer musse schwätzen iwwer d' Héicht vun den Tariffleien an dass mer et virun allem fäerdegbréngen, och a verschidde Secteuren – an d' Madamm Cecchetti huet der schonn e puer genannt – en Tariffvertrag ze maachen, e Vertrag ze maachen, e Kollektivvertrag, fir do d' Aarbechts- an d' Lounbedéngunge kënne iwwer dee Vertrag ze léisen.

An dat brauch kee Betriversvertrag ze sinn. Et kënnen jo och, wat der hei zu Lëtzebuerg jo och hutt – déi meescht vun Iech wëssen et, oder ech wëll soen, allegueren wëssen et –, si Sektorialverträge an Dir hutt Betriversverträge. Dass et eeben do wichteg ass, dass mer do dat reegelen, dass et och net kann zu enger Concurrence déloyale kommen. An dass dann awer och musse méi Kontrolle gemaach ginn, fir dass dat och alles duerchgesat gëtt, wat an deene Mindestnorme festgehale ginn ass a wat dee Mindeststandard ass. Et geet net duer, eppes festzesetzen, mee et muss een och kontrolléieren goen herno, ob dat agehale ginn ass.

Dann ass et och wichteg, wa mer schwätze vun enger europäescher Direktiv vu Mindestleien, da musse mer och driwwer schwätzen: Wat bedeit et fir d' Liewensbedéngungen, déi eenzel Leit musse mat deem Mindestloun packen? Wat kann ee maachen, fir d' Sozialpartner nach méi ze stäerken an deene Verhandlungsergebnisse?

Et ass un der Politik, e Kader ze schafe beim Tariffvertrag, mee et ass duerno un de Sozialpartner, déi Arrangementer erbaiefeieren. Et ass wichteg, dass mer och iwwer fair Aarbechtsbedéngunge schwätzen, Sozialdialog an Abezierung vun de Beschäftegten.

Ganz vill vun deene Saache kenne mir hei zu Lëtzebuerg schonn zanter 1965, wéi de Kollektivvertrag komm ass. Mir kennen d' Matbestimmungsgesetz, mir kennen d' Delegationsgesetz; wat Saache sinn, wou Lëtzebuerg ëmmer Virreider war a sech ni huet misse an europäesche Sozialdialog verstoppen, mee dass et och elo wichteg ass, grad wou den Aarbechtsmaart ëmmer méi atypesch gëtt, dass mer do och nach méi déi Sozialpartner mat abannen.

An dann e leschte Punkt, deen awer a mengen Aen och ganz wichteg ass. An do géif ech en Appell maachen un de Minister, fir dat awer och ze kucken. Mir hunn de Moment ganz vill Frontalieren, déi op Lëtzebuerg kommen, 200.000 um Stéck. Déi kommen aus der Belsch, aus Däitschland a Frankräich. An duerch déi Mindestlounerhéijung – mir spieren dat jo elo schonn, dass déi Däitsch hiren eegene Mindestloun méi héich gesat hunn – gëtt Lëtzebuerg och ëmmer manner attraktiv als Standuert fir déi Leit, wa se op Lëtzebuerg schaffe kommen.

Och dat dierf ee bei där heiter Diskussioun net aus den Ae verléieren. Well wann der do verschidde Leit hutt, deemno vu wéi wäit se kommen, déi musse jo net nëmmen aacht Stonne schaffen, mee déi sinn zwielf Stonnen ënnerwee, zwou Stonne moies an zwou Stonnen owes fir heem, a se ginn awer nëmmen aacht Stonne bezuelt. Och dat musse mer an déi Iwwerleeung mat eranhuelen, wat dat bedeit, a wat mer do alles kënne änneren, fir dass Lëtzebuerg als Standuert och nach ganz attraktiv bleift.

Merci, Här President, dass ech hunn dierfen iwwerzeien. An ech hätt nach ganz vill ze soen, mee meng Riedezäit ass ofgelaf.

Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Spautz. Dir wësst, dass ech mat Iech ëmmer ganz gnädeg sinn.

*(Brouhaha)*

Domadder géif ech d' Wuert dann un den nächsten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Frank Colabianchi, ginn.

**M. Frank Colabianchi (DP) |** Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, fir d' éischt och emol vu menger Säit e ganz häerzleche Merci un d' Madamm Cecchetti fir d' Ufro vum dëser Heur d' actualité.

Et geet ëm d' Salaires minimaux an den Impakt op déi Lëtzeburger Gehälterpolitik, dëst opgrond vun dem rezenten, nach provisoeresche politeschen Accord um EU-Niveau, wat d' Mindestleien ugeet, engersäits betreffend d' Héicht vun de Salären an anersäits awer och betreffend d' Aart a Weis, wéi dës festgeluecht ginn.

An hei ginn et quéesch duerch Europa ganz grouss Ënnerscheeder. D' Europäesch Unioun ass net homogeen. Dat ass e Constat, deen ee maache muss, wann ee sech mat enger Rei Theemeberäicher beschäftegt. An dat ass och normal, well ënnerschiddlech Kulturen, Traditionen a Sproochen prägen d' Bild a sinn Deel vun der Diversitéit vun de Länner an der EU.

E puer Zuele sollt ee schonns nennen, fir déi grouss Ënnerscheeder ze illustréieren.

Während Bulgarien esou deen niddregste Mindestloun an der ganzer EU huet, ass eisen deen héchsten, ronn aachtmol méi héich wéi de bulgareschen. An et sinn eis Nopeschlänner esou wéi Holland an Irland, déi eis am nooste sinn. Trotzdeem ass et awer nach wäit ewech, ronn e Véierel manner vun der Situatioun hei zu Lëtzebuerg, wou aktuell jo den onqualifizéierte Mindestloun bei 2.313 Euro an de qualifizéierte Mindestloun bei 2.776 Euro läit.

Insgesamt läit de Mindestloun an 13 Länner vun der EU ënner 1.000 Euro an a 6 Länner iwwer 1.500 Euro. Dat hänkt natierlech och mat de Liewenskäschten zesummen, déi hei am Land mat am héchste sinn. A wann een déi consideréiert, ass eise Pouvoir d' achat dräimol méi héich am Verglach mam Beispill Bulgarien vu virduer.

Gewëssen Differenze loosse sech net aus der Welt schafen. Dowéinst mécht en EU-wäite Mindestloun,

deen iwwerall d' selwecht héich wier, kee Sënn. An dat huet sech d' Europäesch Kommissioun och ganz kloer net zum Zil gesat.

Neen, et geet hei drëms, gemeinsam, stabel a kloer Standarden a Referenzwäerter ze definéieren, déi beim Festleeën oder Upasse vum Mindestloun an all Memberstaat zum Asaz komme sollen. Dës Standarde sollen hëllefen, en adequaten an equitabelen Niveau vum Mindestloun ze erreechen. Esou kënne d' Aarbechtskonditiounen verbessert, Inegalitéite reduzéiert an en ugemossend, un déi jee weils Situatioun ugepasstend Liewen erméiglecht ginn.

D' Sozialpartner solle méi mat agebonne ginn, an déi sougenannten Négociations collectives promouvéiert ginn, fir souwuel d' Salären an d' Sozialleeschunge wéi och d' Aarbechtszäit an de Congé an dann och d' Gesondheet an d' Sécherheet op den Aarbechtsplazen ze verbessern. Et ass dat, wat de politeschen Accord op EU-Niveau virgesäit.

Hei am Land kréien ëm 60.000 Leit de Mindestloun. Periodesch gëtt de Salaire minimum zu Lëtzebuerg analyséiert a wann néideg un déi wirtschaftlech Entwécklung ugepasst.

2019 goufen zwou Erhéijunge gestëmmt, fir d' éischt ëm 1,1 %, dunn nach eng Kéier ëm 0,9 %. D' lescht Joer dunn ass de Mindestloun nach eng Kéier ugepasst ginn an ëm 2,8 % an d' Luucht gaangen. Och déi nei EU-Richtlinn gesäit vir, dass d' Memberstaaten hir Mindestleien mindestens all zwee Joer aktualiséieren, wa se net iwwer een automateschen Indexmechanismus verfügen.

Dës Punkt betrëfft eist Land also net, well mir, éischte de Mindestloun souwiesou periodesch analyséieren an zweetens zu deene Länner mat engem automateschen Indexéierungsmechanismus gehéieren.

Mir mussen awer och oppassen, dass déi reegelméisseg Erhéijungen net zulaaschte vun eise Betriber ginn, déi dës Saläre jo bezuele mussen. Et gëtt nämlech net nëmme sougenannte grouss Boitten, déi kräfteg a säfteg Gewënner maachen. Neen, et gëtt vill méi Kleng- a Mëttelebetriber, dorënner eng ganz Rei finanziell gesi méi fragill Betriber. Hir Existenz an also och deenen hiren Ugestallten hir Existenz dierf een net op d' Spill setzen. Dowéinst ass et wichteg, dass mir dat groust Bild am A behalen a fir e gewëssenen Equilibre suergen.

D' Erhéijung vum Mindestloun eleng geet och net duer, fir deene Leit ze hëllefen, déi finanziell am meeschten ënnert d' Aerm gegräff musse kréien. D' Regierung ass dann och op de Wee gaangen, zousätzlech verschidde Saachleeschunge gratis unzibidden. Ëffentlechen Transport, Schoulbicher, Hausaufgabenhëllef sinn e puer Beispiller vu finanzieller Entlaaschtung.

Trotzdeem bleift de Mindestloun e ganz wichtigen Outil, fir en dezent Liewen ze garantéieren. An un dësem Outil hale mir natierlech an Zukunft fest.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hu mat der Europäescher Unioun ugefaangen a wollt de Krees och domadder zoumaachen, an zwar mat engem Zitat aus dem Europawalprogramm vun der Demokratescher Partei. Ech zitieren: „Trotzdeem wäerten d' Memberstaaten – ënnert der Leedung vun der EU – weider d' Standarde fir déi sozial Grondrechter vun all de Bierger upassen. Dovunner ofgesinn, ass den Zougang zu engem EU-wäiten, soziale Mindestloun eng vun eise Prioritéiten. Et ass kloer, dass dee Mindestloun net kann iwwerall d' nämlech sinn. E muss de Spezifitéiten vun den eenzele Staaten entsprechen a reegelméisseg ugepasst ginn. Fir d' DP muss d' Sozialpolitik vun der EU prinzipiell no uenen ugepasst ginn.“



D'Demokratesch Partei begréisst also ganz kloer dës rezent Entwécklung.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Colabianchi. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här President. Eigentlech wollt ech meng Ried haut de Mëtten ufänke mat engem Merci fir d'Madamm Cecchetti fir dës Heure d'actualité. Elo fänken ech u mat engem Merci fir dee léiwé Kuss, deen Der mer hei vun der Tribün aus zougeschéckt hutt. En huet keng besonnesch Gefiller bei mer deblockéiert an dat huet net nëmme mat mengem Alter ze dinn.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | De Mindestloun an déi kleng Salairé si säit jeehier Haaptbestanddeel vu sozialistescher Politik. Dobäi si mer eis bewosst, dass déi betraffe Leit net onbedéngt zu eiser Walclientèle gehéieren, aus deem ganz einfache Grond, well si meeschtens iwwerhaapt kee Walrecht hunn.

Eisen Interêt fir dës Akommesgruppen ass also mat Sécherheet net der Waltaktik geschélt, mee der sozialer Gerechtegkeet an der Kohäsion an eiser Gesellschaft. Et ass en Thema, dat zur DNA vun der LSAP gehéiert.

Et ass duerfir och keen Zoufall, wann dës europäesch Direktiv d'Handschrëft vum sozialisteschen EU-Kommissär aus der LSAP-Famill Nico Schmit dréit an ënnert der Matwierkung vu sozialisteschen Aarbechtsministere zustane komm ass.

An ech freeë mech mam Georges Engel, dass hien d'Geleeënheet hat, fir bei där leschter Sitzung, wou de Paquet zougezu ginn ass, kënnen derbäi ze sinn.

Lëtzebuerg huet ee vun deenen héchste Mindestléin wäit a breet – dat wësse mer –, mee domadder sinn nach laang net all Problemer geléist. De Bruttowäert vum Mindestloun läit wuel ëm 13 % iwwert deem Wäert, wou en Aarmutsrisiko besteet. Mee déi Differenz gëtt scho bedeitend méi kleng, wann een den Nettowäert kuckt.

Vill Stéit – och hei am Land – hu Problemer, fir um Enn vum Mount iwwert d'Ronnen ze kommen. Dat zielt net nëmme fir Mindestlounempfänger, awer besonnesch fir Mindestlounempfänger. An dat ass e gravéierende Problem, deem sech mir Sozialiste bewosst sinn.

Et war e Walversprieche an eng vun de Bedéngunge vun der LSAP fir d'Matmaachen an dëser Koalitioun, dass de Mindestloun op den 1. Januar 2019 ëm 100 Euro netto strukturell an d'Lucht gesat gëtt, an dat ausserhalb vun deenen normalen Upassungen, déi mer soss och maachen.

A wann ech scho vun deem Prinzip schwätzen, dass all zwee Joer eng Evaluatioun vun der ekonomescher Situatioun an dem Mindestloun stattfënnt, esou wéi d'Gesetz et virgesäit, hale mir ëmmer drop, dass déi Upassungen dann och gemaach ginn, obschonn et eigentlech keng gesetzlech Obligatioun derfir gëtt. Fir d'Sozialiste steet dat net zur Dispositioun, net haut an och net muer.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Heiduerch kann eng reegelméisseg Upassung vum Mindestloun, wéi gesot, schonn nieft der automatescher Upassung duerch den Index – dee sollt een och net vergiessen –, virgeholl ginn. An dat ass e wichtegt Element an där

ganzer Diskussioun. Sou gouf zum Beispill de Mindestloun den 1. Januar 2021 ëm 59,94 Euro fir onqualifizéiert an ëm 71,93 Euro fir qualifizéiert Salariéen opgewäert.

2020 hu méi wéi 60.500 Leit de Mindestloun verdéngt, wat 14,6 % vun de Salariéen duerstellt, Fonctionnaires exclu. Eis Hëllef an déi Klengverdénge kommen deemno ville Stéit hei am Land zegutt. An dat ass och gutt esou.

Bei dëser Direktiv ass et wichteg, kloerzestellen, dass si keen europäesche Mindestloun virschreift, et ass virdru scho gesot ginn, well dofir déi sozioekonomesch Ënnerscheeder tëschent den europäesche Länner einfach ze vill grouss sinn. Zudeem gi sech sechs Memberstaaten d'Recht, iwwerhaapt kee Mindestloun ze hunn, well si op aner Weeër probéieren, hir Lounpolitik ze maachen, notament iwwert d'Kollektivverträg.

D'Direktiv gëtt awer Recommandatiounen – ech soen: Recommandatiounen –, u wat fir Parametere sech kann den nationale Mindestloun orientéieren. Heibäi bezitt ee sech op international gebräichlech Indicateure fir d'Berechnung vun engem Mindestloun. Esou e Referenzwäert kéint zum Beispill 60 % vum Bruttomédiansalaire sinn oder 50 % vum Bruttoduerchschnëttsalaire.

Op Lëtzebuerg ëmgeménzt, läit de Mindestloun op Februar 2022 gekuckt knapps, ganz knapps ënnert de 60 % vum Mediansalaire.

Ech brauch hei net ze soen, dass et just eisem Land géif gutt zu Gesiicht stoen, dës europäesch Recommandatioun à la lettre ze befollegen. Eng weider strukturell Erhéijung vum Mindestloun bleift also d'actualité. Och wann dat an dëser Legislatur vläicht net méiglech ass, hunn awer elo allegueren d'Parteien d'Méiglechkeet, an deem Walkampf, deen usteet, wou Parteiprogrammer geschriwwen ginn, ze weisen, wéi eescht si et mat de Mindestlounempfänger mengen. Bei der LSAP hunn ech do keng Bedenken. Ech si gespaant, wat aner Parteien dann do wäerte fir Virschléi maachen.

D'Direktiv recommandéiert och, dass d'Entwécklung vum Mindestlounwäert sech no engem Wueren- an Dénegschtleeschungskuerf orientéiert an d'Salären an d'Liewenskäschte sollen indexéiert ginn. Dat geschitt bei eis zu Lëtzebuerg. An ech probéieren et elo e bësse méi kuerz ze maachen.

Eng wichteg Saach wollt ech nach soen, well mer déi besonnesch um Häerz läit. Dat ass d'Fro vun de Kollektivverträg, wou jo de Wäert vun 80 % ugepeilt gëtt. Do leie mer drënner mat ëm 50 %, 53 %, wann ech et richteg am Kapp hunn. An der Fonctioun publique sinn et zwar 100 %, mee do sinn Efforten ze maachen. Ech hoffen, dass déi gutt Kontakter, déi geknäppt gi sinn tëschent Gewerkschaften a Patronen am Kader vun der Pandemiebekämpfung, fir Betriber ze retten, do e Vertrauensklima geschafen hunn, fir dass mer an Zukunft méi där Kollektivverträg hunn.

A wann dat net sollt de Fall sinn, Här Minister, sinn ech der Meinung, dass een och op Regierungssäit muss driwwer nodenken, fir déi Betriber och steierlech ze bevurdelegen, déi de Courage hunn, e Kollektivvertrag ofzeschleissen.

Merci villmools!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kersch. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Merci, Här President. Merci un d'Kolleege vum déi Lénk fir dësen Debat vun haut, deen e kontinuierlechen hei zu

Lëtzebuerg ass an dee mer ëmmer solle weiderféieren.

Et ass en historiesche Projet, op dee sech d'Parlament, de Conseil an d'Kommissioun gëeenegt hunn, en europäesche Kader fir e Mindestloun. Mäi Virriedner huet et gesot: Den Nicolas Schmit ass net onschëlleg dorunner. An do kënne mer als Lëtzeburger allegueren houfreg drop sinn.

Als Gréng kënne mer déi Initiativ nëmme ënnerstëtzen. Se entsprécht eisen Iwwerzeegungen an eise Grondgedanken.

Loosst eis net vergiessen, während der europäescher Finanzkris huet de Credo nach doranner bestanen, dass d'Mindestléin missten agefruer respektiv souguer gekierzt ginn! All Form vu Lounkoordinatioun war Acteure wéi där ominéiser Troika en Dar am A.

Mee déi neoliberal Doxa ass mëttlerweil an den Hannergrond geréckelt. Dass d'Mindestléin automatesch zu méi Aarbechtslosegkeet, méi Chômage géife féieren, ass dank den empirischen Aarbechte vum Nobelpräisträger David Card an Alan Krueger och ënner Ökonomen net méi Konsens.

D'Mindestloundirektiv ass eng kloer Stärkung vum sozialen Europa. Als Gréng kënne mir dat natierlech just begréissen. Et ass e wichtege Schrëtt fir méi sozial Kohäsion an de Kampf géint d'Aarmut.

De Mindestloun ass eng Brems – ass net alles –, eng Brems a puncto Prekaritéit a sozialer Ongerechtegkeet. Et geet drëm: All Aarbecht huet hire Wäert a verdéngt eng minimal, wa méiglech, eng korrekt a fair Bezuelung.

Mir sollten hei och net maachen, wéi wann dës keen Thema am räiche Lëtzebuerg wär! Mir si leider mam Paradox konfrontéiert, dass gläichzäitig zum Wuelstand och d'Aarmut an d'Ongläichheeten zouhuelen. Ëmmer méi Mënsche sinn trotz Aarbecht dem Aarmutsrisiko ausgesat; d'Stéchwuert „Working Poor“ ass virdru gesot ginn.

An och, wann eise Mindestloun nominell gesinn deen héchsten an der EU ass, esou ass den Ecart an den Nopeschlänner, besonnesch Däitschland mat deem nächst 14 Euro Mindestloun (veuillez lire: 12 Euro Mindestloun), méi kleng ginn.

De Marc Spautz huet erläutert, wéi eng Iwwerleeung een an deem Sënn soll féieren: net just opportunistesch sinn, llicht méi niddreg ze sinn oder llicht méi héich ze sinn. Déi Differenzialgeschicht, dofir brauche mer eng Interpellatioun, fir eis doriwwer eens ze ginn, ob mir dann awer eis sozial Standards héijen oder ob mer bei den Noper kucken, fir dass mer just nach ëmmer konkurrenzfähig bliwen.

D'Präisdeierecht spëtzt d'Situatioun nach weider zou. Dofir sollt mir all Piste verfolge, déi et erlaben, gezielt de Stéit mat niddregem Akommes ënnert d'Äerm ze gräifen. Zousätzlech zu de Mesurë vum Energiedesch an der Tripartite plädéiere mir als Gréng ënner anerem derfir, dass duerch d'Erhéijung vun de Steuerkreditter Stéit mat niddregem Akommes weider kënnen entlaascht ginn an dass mir derfir suerge kënnen, dass de Mindestloun och effektiv bei de Leit ukënn.

Ausserdeem sollt de Mindestloun jo och, wéi mäi Virriedner, den Dan Kersch, et gesot huet, all zwee Joer un d'Evolutioun vun de Gehälter ugepasst ginn. Déi nächst Echeance, déi Enn des Joers ass ..., hoffentlech wäert dat da geschéien! Mee ech soen awer och derbäi: Eng méi strukturell Erhéijung dierf keen Tabu sinn! D'Initiateure vun der Heure d'actualité hunn dat schonn ugedéit.

Ech wëll awer och nach op en anere Volet vun der Mindestloundirektiv agoe wéi meng Virgänger.

D'Kollektivvertragswiesen: Et ass gesot ginn, d'Zuele sinn, dass 53 % vun de Salariéen ënner e Kollektivvertrag falen. Mir sinn an enger Fifty-fifty-Situatioun, wou d'Hallschent hei am Land drënnerrfalt an d'Hallschent net. Dat ass net gutt. Dat ass eng Ongläichheet. An Ongläichheet sinn net gutt. An ech weess, vu wat ech schwätzen! Iwwer 30 Joer hunn ech déi onkloer Situatioun berufflech a mengem eegene Btrib matgemaach.

Am Koalitiounsvertrag war scho virgesinn – dat ass och schonn hei gesot ginn –, de gesetzleche Kader vun de Kollektivvertrag op de Leescht ze huelen. Dësen Optrag ass heimmader nach eng Kéier um europäeschen Niveau bestärkt ginn. Hei ass et elo um Aarbechtsminister, deen eis doriwwer wäert ënnerriichten, zesumme mat de Sozialpartner un enger Propos ze schaffen.

Eng Stärkung vum Kollektivvertragswiesen ass effektiv de Kinnekswee, fir sécherstellen, dass de Räichtum, deen hei am Land geschaaft gëtt, och gerecht ënner allen Acteuren, sämtlechen Acteuren opgedeelt gëtt. D'Alternativ dozou wär nämlech e weidert Ausenanderdrift vum der Gesellschaft an ee Staat, dee bei der nogelagerter Ëmverdeelung op seng Limite géif stoussen.

Souwäit fir haut zu dësem Thema, wat eis weider wäert beschäftegen, an dat ass gutt esou an onbedéngt noutwendeg. Et geet ëm sozial Gerechtegkeet, ëm de soziale Friden an ëm de sozialen Zesummenhalt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Margue. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen (ADR) |** Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken en häerzleche Merci der Madamm Myriam Cecchetti fir dës Aktualitéitsstonn, wat d'Auswirkungen op Lëtzebuerg sinn, wat d'Aféierung vu Krittere si vun enger europäescher Direktiv betreffend engem Mindestloun an de jeweilege EU-Länner.

No laange Verhandlungen hu sech d'EU-Memberstaaten an d'EU-Parlament op eenheetlech Krittere fir de Mindestloun geeenegt. Bekämpfe wëllen d'EU-Staaten d'Tatsaach, dass an der EU vill Menschen aarm sinn, obschonn dass se enger Vollzäitbeschäftegung noginn.

D'Enegung, déi fonnt gouf, gëtt gelueft als Dokument, dat sozialpolitesch Geschicht schreiwe wäert. Déi nei Richtlinn leet fest, wéi an Zukunft an deenen eenzelnen EU-Staaten d'Mindestloun berechent, ageféiert an ënnerstëtzt solle ginn. D'EU-Staate mussen iwwerpräiwen, ob déi bei hinne gültig Mindestloun deene beträffene Salariéen an hire Familjen erméiglechen, iwwert d'Ronnen ze kommen.

Déi gesetzlech Mindestloun sollen no dëser Direktiv op d'mannst all zwee Joer ugepasst ginn. A Länner, déi en automateschen Indexsystem hunn, geet all véier Joer duer.

D'Gewerkschaften, esou heescht et aus EU-Kreesser, sollen un der Aktualiséierung vun dem Mindestloun an den EU-Staate bedeelegt ginn. Obschonn déi nei Direktiv sech fir reegelméisseg Tarifverhandlungen an den EU-Memberlänner staarkmécht, kann ee bezweifelen, dass d'Gewerkschaften duerch dëst net Reegelmäiss gestärkt wäerte ginn. Am Abléck ass dës Direktiv just e Provisorium. Formal gesi mussen nach verschidden Instanzen zoustëmmen.

Duerno hunn d'Memberstaaten zwee Joer Zäit, fir d'Direktiv an nationaalt Recht ëmzesetzen. Natierlech gëtt elo schonns, wéi gesot, dës Direktiv vun EU-Spëtzezonfonctionnaire gelueft als Rettung fir 24 Milliounen Salariéen, déi trotz hirem Gehalt kaum iwwert d'Ronne kommen.

Et wäert awer esou laang daueren, bis dës Direktiv wäert ëmgesat ginn, dass esou oder esou, opgrond vun der Joerhonnertenergiekris, déi elo virun eis steet, ee ganz haarde Wand op déi sozial schwach Mënschen zoukënn. Den Impakt vun dëser globaler Kris wäert duerch esou eng Direktiv net ofgediert ginn.

Mir als ADR begrëssen, dass op EU-Niveau e Mindestloun soll agefouert ginn. Dat gëtt der Kompetitivitéit, awer och dem Dumping méi gerecht, wann och net alles ... Begrëssen di mer och, dass déi eenzel national Parlamenten zoustänneg sinn. Et ass gutt, dass dës geschitt op Basis vu Kritteren. Dem Aarmutsrisiko gëtt domat e Stéck entgéintgewierkt an der EU, mee trotz engem Mindestloun an der EU ass den Aarmutsrisiko nach ëmmer ginn. Dat gesi mer jo och zu Lëtzebuerg.

Mir mussen awer oppasse mam Verglach vum Mindestloun tëschent den eenzelnen EU-Länner. De Mindestloun ass nëmme eent, wann och e ganz wichteg Element an engem gudden soziale System.

Da wéilt ech nach eng Motioun deponéieren, déi géif eise Leit, déi de Mindestloun verdéngen, an dësen Zäiten, déi elo op eis zoukommen, erlaben, e puer Euro méi ze hunn, wa se befreit géife gi bis de Mindestloun vun der Steuer.

Ech géif déi Motioun dann deponéieren an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

### **Motion 3**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*ass der Meinung, dass*

*– d'Heicht vum Mindestloun fir vill Diskussiounen suert, an dass net méi universell unerkannt ass, dass dee sozio-ekonomeschen Zweck vum Mindestloun besonnesch an deem aktuellen ugespaante makroekonomesche Kontext nach kann op eng zefriddestellend Manéier erreicht ginn;*

*– fir déi Leit, déi de Mindestloun kréien, dësen, esou wäit wéi nëmme méiglech, soll een Nettoloun duerstellen,*

*fuert d'Regierung op,*

*– der Chamber ee Projet de loi virzeleeën, deen de Mindestloun vun der Akommessteuer befreit.*

*(s.) Jeff Engelen.*

**M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Engelen. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten) |** Merci, Här President. Merci dem Myriam Cecchetti fir déi wichteg Aktualitéitsstonn. Jo, et ass e wichteg Schrëtt, wou ech eigentlech net domat gerechent hat, dass d'EU e géif maachen. Mee et muss een natierlech elo déi eenzel Modalitéiten an dann Effekter ofwaarden, wéi déi eenzel Länner dat Ganzt och interpretéiere wäerten. Ech sinn do e bësse méi skeptesch, woubäi ech de Start awer kloer begrëssen, net nëmme, well mir dat änlech am EU-Programm scho gesinn hunn, mee och, well ech d'Iddi vum Mindestloun nach ëmmer ënnerstëtzen.

Well et ass nach ëmmer esou, dass, wann ee schaffe geet an all Moien opsteet, soll een och gutt dovunner liewe kënnen. Et leescht een eppes fir d'Gesellschaft, da soll een och eppes zrëckkréien. An do ass eeben d'Diskussioun, dass een ëmmer nëmme nom Montant selwer kuckt, eigentlech e bëssen eng falsch,

well et ka sinn, dass ee mat engem méi niddrege Mindestloun wéi zu Lëtzebuerg an engem anere Land ka besser liewe wéi hei zu Lëtzebuerg mat engem Mindestloun, deen am Moment an Europa deen héchsten ass.

Ech schwätzen do net vun den zwee Euro a Bulgarien, mee vun deene Länner, déi dertëschtentleien a wou hir Niewekäscht vill méi geréng sinn. Dofir ass den europäesche Mindestloun och ganz komplex, dass een net einfach ka soen, mir huelen deen een oder deen anere Montant, mee ganz vill Krittere muss kucken, wat op där enger Säit et komplex mécht, op där anerer Säit awer och eng Ouverture ass, fir dass déi Länner, déi de Leit net wëllen esou vill zrëckginn, dat kënnen benotzen, fir eeben e Mindestloun zimmlech déif ze halen.

Mir si souwisou der Meinung, dass e Mindestloun, egal wéi e Land et ass, 20 % iwwert dem Aarmutsrisiko soll leien, well et kann net sinn, dass, wann ee schaffe geet, een nach ëmmer an dem Aarmutsrisiko ass.

A mir gesinn och an der Groussregioun hei fir eist Land eng Chance, awer och eng Gefor.

Op d'Chance ginn ech fir d'éischt an. Dat ass, dass d'Handwerksbetreiber, doduerch dass an der Groussregioun Mindestloun kommen ... Huele mer zum Beispill Däitschland, dat ass e grouse Phenomeen, wou ganz vill Handwerksbetreiber eng méi bëlle Konkurrenz haten, well déi lescht Joren déi eeben iwwert d'Salairë gesteeert waren, soudass d'Handwerksbetreiber hei am Land elo sécherlech manner Konkurrenz iwwert de Präis kréien, well wann Däitschland elo op 12 Euro Mindestloun eropgeet, se zimmlech no bei eis wäerte sinn, wat eis Handwerksbetreiber stärke wäert a wat och warscheinlech d'Méiglechkeet gëtt, dass déi hirem Personal, sief et iwwer Primmen oder iwwer aner Modalitéiten, entgéintkommen.

Op där anerer Säit gesinn ech awer e Risiko, dass, wann an der Groussregioun d'Salären an d'Luucht ginn iwwert de Mindestloun, manner Leit heihinner wëlle schaffe kommen, well se sech de Verkéier kënnen spueren. Si kënnen alleguerten déi aner Käscht spueren, wa se herno mat 12 Euro ... Oder wa Frankräich op 10 Euro, 11 Euro elo eropgeet. Elo ass jo déi nei Regierung, déi ugekënnegt huet, och do nach eng Kéier nozeleeën, dass se herno bei 12, 13 Euro wäerte landen. Da si mer herno op engem Niveau. An dat wäert sécherlech eis Personalpolitik e bëssen op d'Kopp geheien.

An do muss Lëtzebuerg sech fir d'Zukunft virbereeden, well mir wëlle jo och elo net vill, vill méi wäit an déi osteuropäesch Länner goen, fir dann do Personal ofzezéien, well dat ass dann och erëm kontraproduktiv. Dofir ass et, fir elo sech virzubereeden, dass mer higin an awer herno genuch Main-d'oeuvre nach am Land hu fir eis deeglech Aufgaben.

Mir Piraten si souwisou der Meinung, dass de Mindestloun iwwer eng Steierpolitik muss iwwerlaascht ginn. Mir hunn allgemeng e Problem domat, dass d'Steieren nom Loun zimmlech héich sinn. Mir sinn éischter der Meinung, dass een d'Kapital oder aner Ertrag misst vill méi besteieren, awer dofir de Loun, wou ee schaffe geet, misst vill manner besteiert ginn. Dat hätt och scho beim Mindestloun bezéiungsweis bei alleguerten deenen, déi kuerz driwwer leie seng Virdeeler, dass d'Leit do direkt erëm cash an d'Täsch eppes erëm hätten.

Huele mer de Mindestloun: 50 oder 100 Euro hätt een einfach méi, wann een do un der Steierschrauf géif dréien. Et géif dem Staat net wéiden, wann en en contrepartie deene groussen Entrepreneuren, déi Milliounen Gewënner maachen, dat vläicht iergendwéi ëm 0,00... iergendeppes Prozent géif eropsetzen. Da géif dat scho sech finanzéieren.



Et ass awer och nach eppes, wat ee muss bedenken, dass ganz vill Liewensmëttel, déi mir hei am Land konsuméieren, och aus osteuropäesche Länner kommen. An dat bedeit och, wann elo en europäesche Mindestloun kënn, dass och do nach eng Kéier un der Präisschrauf wäert gedréit ginn. Da ginn d'Gromperen, d'Spargelen ..., alles wäert nach eng Kéier e bësse méi héich ginn, am Präis an d'Luucht goen. An dat ass e Phenomeen, dee mer an der aktueller Situatioun, mat 20 %, 30 % elo schonn op de Liewensmëttel, sécherlech mussen an Zukunft am A behalen.

Also mir Piraten stinn deem ganze Mindestloun fir d'Europäesch Unioun gutt entgéint, mee mir maachen awer och drop opmierksam, dass mir als Land muss verschidde Virbereedungen treffen, well Lëtzebuerg wäert eeben, wéi virdru gesot, iwwert d'Groussregioun, iwwer gewësse Präisser sécherlech en Impakt spieren. An do gëllt et, elo schonn ze handelen, fir dass, wann déi Mindestloun herno a Kraaft treden an déi eenzel Parlamenter an Europa déi ëmgesat hunn, mer da fit sinn an dat gutt verdaue kënnen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire |** Merci, Här Président. Merci och der Madamm Cecchetti fir dës Heure d'actualité.

Déi gëtt mer och d'Geleeënheet, dann e bëssen op déi Direktiv anzegoen, eng Direktiv, déi déi sozial Dimensioun vun Europa ënnersträicht an och konkretiséiert. An et kann ee bal soen, endlech, dass se dat méi kloer mécht, well Europa gouf jo oft als esou déi wirtschaftlech Unioun gesinn, mee déi sozial Dimensioun huet ganz dacks e bësse gefeelt. An ech si frou, dass mer – duerfir war ech och esou houvreg – deenen heiten Accord konnten huelen.

Merci awer och alleguerten deenen anere Virriedner, déi eng ganz Rei vun interessante Bättrëg mat era-bruecht hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi Dir alleguerte wësst, war dat net einfach, déi Direktiv ze negociéieren a se och duerchzekréien. A Lëtzebuerg huet do am Verbund mat enger Rei vun anere Länner eng ganz proaktiv Roll geholl, huet och ganz proaktiv do mat-geschafft an huet gemaach, dass déi Direktiv dann e breede Konsens kritt huet an dass d'Sozialministere dann och konnten am leschte Conseil am Juni dës Direktiv esou unhuelen.

A loosst mer och d'Geleeënheet hei, fir menger ganzer Ekippe zu Bréissel, déi sech an dësem Dossier wierklech ganz, ganz, ganz vill Méi gemaach huet a ganz vill engagéiert huet, e ganz grouse Merci ze soen.

Fläicht och, fir direkt kloerzestellen: Dës Direktiv, déi gesäit net vir – et ass och e puermol gesot ginn –, dass an allen europäesche Länner dee selwechte Mindestloun elo soll gëllen, mee si gëtt eng Rei vu Richtlinne vir, fir ze garantéieren, dass sech d'Léin an eng positiv Richtung sollen entwéckelen.

Et ass bestëmmt net d'Léisung vun alleguer de Problemer, mee et ass awer sécherlech e Schratt an déi richteg Richtung. An et muss ee sech emol virstellen, dass een déi Diskussioun hei viru 25 Joer an der EU geféiert hätt! Dann hätt een u sech kënnen direkt um Talek ëmdréien. Dat wier jo guer keng Fro gewiescht, dass een déi hätt kënnen diskutéieren.

Esou sinn ech frou, dass mer dat awer elo konnten hei maachen, well adequat Mindestloun sinn awer wichteg, fir d'sozial Gläichheet ze verbesseren an och fir eng méi nohalteg Économie ze ënnerstëtzen.

A wat ass an där Direktiv elo festgehalen?

Et sinn zwee grouss Ziler. Et si vill aner Saachen, mee et sinn zwee grouss Ziler dran. D'Madamm Cecchetti huet se och ugeschwat an hirer Interventioun.

Engersäits promouvéiert d'Direktiv de Mindestloun a gëtt och eng Orientatioun fir déi Länner, déi e Mindestloun hunn oder wëllen aféieren. Esou schléit d'Direktiv nämlech vir, dass déi betraffe Länner sech un internationale Referenzen orientéieren, fir de Mindestloun ze fixéieren. Esou kéint een zum Beispill vir-gesinn, dass – et ass gesot ginn – 60 % vum Salaire médian oder 50 % vum Salaire moyen als Referenz solle gëllen. Mee dat kéinten awer och aner Krittäre sinn. Dat hei si keng Must-Bestëmmungen, mee et sinn u sech Richtlinnen.

Eise Berechnungen no läit eise Mindestloun am Juni dann dëst Joer knapps ënnert deene 60 % vum dem Salaire médian an och knapps ënnert de 50 % vum Salaire moyen. An ech soen: knapps. Wa 60 % de Krittär ass – mir leie bei 58,62 %. Et feelt net méi alles, mee, et ass richteg, mir sinn awer drënner.

Dës Situatioun, déi ënnersträicht dann och d'Wichtegkeet vun där reegelméisseg Upassung vum Mindestloun u d'Gehälterentwécklung, déi mer jo och all zwee Joer hei maachen a wou et ëmmer kloer war an dëser Regierung, an och an deene Regierungen virdrun, dass mer déi Mindestlounerhéijung dann och ..., also déi Upassung geife maachen.

Duerfir ass et awer och nach eng Kéier vläicht wichteg, dass een hei seet, dass am Kader vun dem Steierkredit elo eng ganz Rei vu Stéit mat niddrege Léin hei dee Steierkredit kritt hunn, dee se dann u sech besser elo dohinner setzt, wat d'Salären ugeet.

D'Memberstaate mussen derfir suergen, dass de gesetzleche Mindestloun reegelméisseg a matzäit aktualiséiert gëtt. D'Memberstaate mussen dat all zwee Joer maachen an d'Memberstaaten, déi en automateschen Indexmechanismus hunn, esou wéi Lëtzebuerg, déi mussen dat all véier Joer maachen. Mir maachen et awer all zwee Joer.

An dann deen zweete grouse Volet, dat hutt Der gesot, dat sinn d'Kollektivverträge. D'Direktiv gesäit do vir, dass ee sech soll als Zil ginn, dass 80 % vun de Salariéer ënnert de Kollektivvertrag falen. D'Länner, déi déi 80 % net errechen, déi mussen der Kommissioun en Aktionsplang virleeën, wou se erklären, wat se maachen, fir Kollektivvertrag ze erweideren.

Dësen Aktionsplang, dee gëtt dann opgestallt um nationale Plang, zesumme mat de Sozialpartner, wat och ganz gutt ass esou. An dee gëtt dann och all fënnef Joer reviséiert.

Wa mir och definitiv net zu deene ganz schlechte Schüler gehéieren, da bleift fir en ambitiéis Land wéi Lëtzebuerg awer nach Loft no uewen. An och, wa mer en Indexsystem hunn, ass et an dësem Fall och net ëmmer – fir ze kucken, wéi et mat der Aarmut zum Beispill ass –, ganz glécklech, nëmme op de Loun ze kucken.

Mee mir hu jo awer – et ass virdru gesot ginn – 2019 de Mindestloun ëm 100 Euro nach eng Kéier an d'Luucht gesat. De Mindestloun an och de REVIS ginn all zwee Joer un d'Lounentwécklung ugepasst. Mir hunn elo mat dem Steierkredit de Leit an den ënneschte Lounkategorien awer méi Suen an d'Täsch ginn. De gratis ëffentlechen Transport hu mer. Mir hunn d'Schoulbicher, déi gratis sinn. Mir hu

Kannerbetreuung an esou weider, déi gratis ass. Mee trotzdem hu mer eng ganz Rei vu Leit, déi et schwéier hunn, um Enn vum Mount awer nach iwwert d'Ronnen ze kommen.

An dat, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass dramatesch. Dat ass net gutt an do muss mer dann och handelen. An ee Beräich, wou mer sécherlech nach besser mussen virkommen, dat ass dee vun de Kollektivverträge. Well méi Kollektivverträge droe sécherlech zu enger besserer Lounentwécklung an och zu besseren Aarbechtskonditiounen bäi. An zesumme mat de Sozialpartner muss mer kucken, fir méi Kollektivverträge fir béid Säite méi attraktiv ze maachen.

Allerdéngs sinn hei zu Lëtzebuerg just 53 % vun de Leit, déi am Privatsektor schaffen, an engem Kollektivvertrag, woubäi 100 % am Sektor public ënner eng Convention collective falen.

Wa mir eng Analys maache vun deene Salariéer, déi an engem Kollektivvertrag ofgedeckt sinn, gesäit een dann och grouss Ënnerscheeder. Esou gesäit een, dass de Gesondheets- an de Sozialsektor, den Enseignement, den administrative Beräich, den Energieberäich an och den Transportberäich déi 80 %, déi an der Direktiv virgeschriwwen ginn, quasi erreicht hunn. Do si mer also relativ gutt.

Mir stellen och fest, datt d'White Collars vill manner ofgedeckt si wéi d'Blue Collars.

Léif Deputéiert, dës Direktiv gëtt normalerweis dann och am September an der Pleniéer vun dem EU-Parlament ugehoen. Ab deem Moment hunn d'Länner zwee Joer Zäit, fir d'Direktiv an nationaalt Recht ze transponéieren. Ech plädéieren och derfir, dass mer eis déi Zäit da sollte ginn. Et bleiwen eng Rei vu Saachen do ze maachen, a mir sollten eis déi Zäit dann och ginn.

Mir mussen eis awer elo scho Gedanke maachen, wéi mer kënnen zum Beispill Kollektivverträge, zemoos bei deene kleng Patronen, promouvéieren. Ech mengen, dass dat méiglech ass. An den Dan Kersch huet et gesot: Mir solle vun där Experience an der Pandemie profitéieren, wéi zum Beispill, wéi d'Plans de maintien dans l'emploi ausgehandelt goufen. Do hu mer et gesinn, dass och déi kleng Betriber sech kënnen zesummesetzen mat hiren Daachverbänn, fir am Interêt vun hinnen, awer och vun de Salariéer ze verhandelen.

An nient eng Opwärtung vun de Salariéer huet de Kollektivvertrag och eng ganz Rei vu weidere Avantagen, zum Beispill besser Liewens- an Aarbechtsbedingungen. Dovunner profitéiert de Betrib, d'Gesellschaft, d'Économie am Allgemengen an och dann d'Produktivitéit, déi dann och gestärkt ka ginn.

Et gëllt awer elo ze kucken, wéi mer d'Patronen an d'Salariéer hei kënnen zesummebréngen. Ech sinn iwwerzeugt, dass d'Kollektivvertrag fir eng Opwärtung vun den Aarbechtsbedingungen kënnen suergen, an dëst och virun allem a Secteuren, wou elo schonn e Mangel u Personal besteet, dass mer do kucken, déi Aarbechtsbedingungen esou ze maachen, dass de Sektor, wann en elo sollt als onattraktiv ugesi ginn, méi attraktiv gëtt.

Ech wäert op menger Säit kucke mat menger Ekippe, wéi mer dat Kollektivvertragswesen do méi attraktiv kënnen maachen, fir dass zemoos an deene Secteuren, wou mer elo keng Kollektivvertrag hunn, wéi de Commerce, den Horeca-Beräich an och de Serviceberäich, dass der do méi zustane kommen. An ech huelen dankend hei déi Suggestiounen op, ënner anerem déi, déi den Dan Kersch hei mat an d'Spill bruecht huet, ...

(Brouhaha)

Ma hien huet dat gesot. Ech kann net soen, dass en aneren et gesot huet.

(Hilarité)

... déi den Dan Kersch an d'Spill bruecht huet vun de Steieren, fir déi Betriber, déi Kollektivvertrag dann ofschléissen, dann och steierlech ze vergënschtegen.

An engem Land, wou quasi d'Hallschent vun de Salarié Frontaliere sinn an enger Situation vu Manque de main-d'oeuvre, do muss och den Aarbechtsmaart kompetitiv bleiwen. Dat heescht, dass och eis Paien attraktiv musse sinn – jo, et ass virdu gesot ginn – par rapport zu den Nopeschlänner. Mee, an dat huet den Här Spautz gesot, ...

**Plusieurs voix** | A!

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | A voilà, och eng Reaktioun. Jo, dat huet den Här Spautz gesot – an et war och keen aneren –, dass mer oppasse mussen, wéi d'Evolution vun de Mindestloun an den Nopeschlänner ass, an dass mer als Land mussen attraktiv bleiwen, well d'Leit sech da warscheinlech dräimol iwwerleeën, ob se de laange Wee op Lëtzebuerg maachen oder net. Wann de Mindestloun an den Nopeschlänner eropgeet, da muss mer reagieren, da muss och d'Économie reagieren.

Trotz den héije Salarié mierke mer awer, wéi ech scho gesot hunn, dass net all schaffend Leit dezent kënnen liewen. Duerfir muss mer eis iwwerleeën, wéi mer op verschidden aner Präisser kënnen awierken – ech schwätzen do zum Beispill och vum Loyer – oder virdu hunn ech gesot, wou ee ka steierlech awierken, fir dass d'Leit en dezent Liewen erméiglecht kréien. D'nächst Woch ass hei am Haus jo eng ganz interessant Debatt doriwwer.

Vläicht just nach eng Zuel. Wunnengspräisser: Vun engem Salaire vun enger eenzeler Persoun geet de Statec dovunner aus, dass bis zu 55 % vun deem sengem Salaire an d'Wunnengspräisser ginn. Dat ass eng Katastroph! An do muss mer onbedéngt reagieren.

Wa mer awer wëllen de Risiko vun der Aarmut duerfir erofsetzen, da muss mer do bei de Wunnengspräisser an awer och bei de Loyere kucken ze reagieren. An et kann ee vläicht hei och en Appell un d'Leit maachen, déi eng Wunneng verlounen, sech och vläicht ze iwwerleeën, ob dee Präis wierklech iwwerhaupt adaptéiert ass vun där Wunneng, déi se da verlounen.

Voilà, ech soen nach eng Kéier e grouse Merci fir deen Debat, dee mer hei konnten elo hunn opgrond vun där Heure d'actualité. Et bleift sécherlech hei ganz vill nach ze soen, well nach eng ganz Rei vun anere Punkten an där Direktiv behandelt ginn. Mee ech sinn och sécher, dass mer nach Geleeënheet hei wäerte kréien, fir op déi eng oder aner Punkten anzegoen, net méi spoert wéi Enn dës Joers oder ufangs vum nächste Joer, wa mer dass de Mindestloun nach eng Kéier wäerten hoffentlech erhéijen, wann en un d'Lounentwécklung ugepasst gëtt.

Merçi.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Aarbechtsminister Georges Engel.

**Motions**

Mir kënnen dës Punkt net ofschléissen, ouni iwwert déi dräi Motiounen ze befannen.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, wou eng Reevaluatoun vum soziale Mindestloun gefrot gëtt. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här President. Wann ech dat richteg verstanen hunn, schwätze mer elo iwwert déi éischt Motioun vun de Kollege vun déi Lénk. Wann ech mer ukucken, wat hei gefuerdert gëtt, da muss ee jo emol feststellen, dass viraussichtlech den

1. Januar 2023 de Mindestloun souwisou an d'Luucht wäert gesat ginn opgrond vun deem Automatismus, deen ech virdu beschriwwen hunn. Mir brauchen also hei keng Motiounen ze stëmmen.

Gottseidank si mer an engem Land, wou mer dat Thema vum Mindestloun ganz seriö huelen a mer déi automatesch Upassung opgrond vun där Evaluatioun, déi mer all zwee Joer maachen, kënnen maachen, soudass een also muss dervun ausgoen, dass d'Motioun eleng duerch dee Fait scho wäert super-fetatoire sinn. Also en ass erfëllt, Äre Wonsch.

Doriwwer eraus wëll ech awer soen, well ech dat a menger Ried gesot hunn an och de Minister et a senger Ried gesot huet: Et gëtt verschidden Indicationen iwwert d'Héicht vum Salaire médian hei zu Lëtzebuerg. Ech hu mech un deenen orientéiert, déi am Héchste sinn, an duerfir kommen ech net op 60 %, mee och op 58..., tëschent 58 % an 59 %.

Et gëtt awer och Angaben an de verschiddenen Dosieren, déi ee fënnt, do hätte mer déi 60 %-Reegulung souwisou schonn erfëllt. Duerfir mengen ech, dass mer zu dësem Moment dat heiten net brauchen ze stëmmen. Et kënnt och nach derbäi, ob dat engem elo gefält oder net ..., mee et gëtt en Tripartite-Accord. Dat heescht also, dass an deem nächste Joer während elo nach enger ganzer Zäit Leit, déi de Mindestloun verdéngen, e Steierkredit kréien, deen déi Leit, déi iwwert dem Salaire médian si respektiv ëm de Salaire médian sinn, mat Sécherheet net kréien. An doduerjer wäert natierlech de Prozentsaz erëm an d'Luucht goe vum Mindestloun par rapport zum Salaire médian. Duerfir mengen ech also, dass dës Motioun esou net ze stëmmen ass. Dat ass op jidde Fall dat, wat ech menger Fraktioun wäert empfeelen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kersch. Dann huet den Här Marc Spautz d'Wuert gefrot.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Ech géif direkt meng Kommentaren zu den zwou Motiounen vun de Kollege vun déi Lénk maachen, déi ganz sympathesch sinn, déi och flott Fuerderungen hunn an och flott Consideranten.

Wat mech awer e bëssen erfëiert, dat ass: Mir hu jo nach keng Direktiv. D'Direktiv gëtt jo eréischt de September ratifizéiert. A se muss jo fir d'éischt ratifizéiert sinn an dann op de Wee kommen. Et ass dat, wat mech e bëssleche stéiert, fir do elo kënnen ze soen: „Jo, ech ënnerstëtzen dat“, well dat hânt jo dovun of, wat herno an deem Gesetz steet, wat mir hei zu Lëtzebuerg ... a wéi mir et hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen. Dofir kënnen mir déi zwou Motiounen och net matstëmmen, obwuel, wat den Inhalt ubelaangt, ech mengen, et ass jo dat, wat u sech de Minister suggeréiert huet, dass mer déi Viraarbechten awer elo scho maachen, och ier mer et ëmsetzen.

Merçi.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Spautz. Da freet nach den Här Marc Goergen d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci de Lénke fir déi mir ganz sympathesch Motioun. Bon, et kann een driwwer diskutieren, dass en den 1. Januar nach eng Kéier an d'Luucht geet. Ech mengen, ech hunn et virdu eng Kéier do uewe gesot: Mir Piraten sinn einfach der Opfaassung, dass et nach ëmmer net duergeet fir ze liewen. Och wann en elo den 1. Januar nach eng Kéier an d'Luucht geet, kann een och nach eng Kéier diskutieren, ob déi 60 % vum Median duerginn.

Duerfir wäerte mir dat heiten ënnerstëtzen, well ech hunn et virdu gesot: Wann ee schaffe geet, muss een och eppes iwwregbehalen an et muss sech lounen.

Merçi.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Dann den honorabelen Här Frank Colabianchi.

**M. Frank Colabianchi** (DP) | Jo, ech ka mech nëmmen deem uschlëssen, wat d'Kollegen Dan Kersch a Marc Spautz zum Thema gesot hunn. Et muss een och wëssen, an dat ass och ganz richtig nach eng Kéier ervirgehewe ginn: D'Direktiv gëtt eréischt am September gestëmmt. A mir sollten eis dann och déi néideg Zäit ginn, wéi de Minister gesot huet, bis mer d'Chifferen alleguerten um Dësch hunn. Dat ass och eng Fuerderung, déi de Marc Spautz gemaach huet.

Kommt, mir waarden, bis mer d'Chifferen um Dësch hunn. An ech mengen, da wäert och eppes geschéien, do wäert eng Augmentatioun kommen, do wäerten och aner Mesuren ergraff ginn. Well esou wéi een et duerch d'Bank hei héieren huet, steet jiddwereen hei am Sall zu engem uerdentleche soziale Mindestloun zu Lëtzebuerg.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Colabianchi. An da freet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, villmools Merci. Ech wollt och deene Lénke Merci soe fir d'Initiativ a fir déi Motiounen, déi mer hei hunn. De Mindestloun ass eng Saach, déi eis alleguer um Häerz läit. An u sech si mer ganz frou ze héieren, datt jidderee seet, mir missten en anstännege Mindestloun hei am Land hunn. Dat ass richtig!

Mee ech mengen, mir brauchen eis awer och näischt virzemaachen, datt och ganz vill Leit, déi de Mindestloun hunn, wierklech ganz schlecht iwwert d'Ronne kommen. An dofir ass déi Suggestioun, déi gemaach gëtt, fir ze kucken iwwert déi Upassung eraus ... Well dorëms geet et jo, fir ëmmer erëm ze kucken: Wou si mer drun? Wat ass wierklech d'Liewensqualitéit nach vun deene Leit? Ass et gerecht géigeniwwer deene Leit, déi net schaffe ginn, zum Beispill, oder ass deen Ecart grouss genuch? Dat sinn alles Froen, déi mer eis permanent musse stellen.

Si goufen och am Ufank vun dëser Legislaturperiod gestallt. An do ass dës Koalitioun zu enger anerer Konklusioun komm e bëssen, wéi dat, wat mer elo héieren. Mee mir mussen eis net nëmme bewosst sinn, datt mer elo scho vill Schwierigkeiten hunn, mee datt mer immens vill sozial Problemer an deenen nächste Méint gesinn op eis duerkommen, well déi ekonomesch Indicationen, déi mer hunn iwwert d'Entwécklung an deenen nächste Méint, eis alles anescht wéi optimisteschem stëmmen.

Also muss mer och kucken, datt mer un déi Schwaach an der Gesellschaft denken an en deene ganzen Diskussiounen, déi mer wäerte kréien iwwer Versengungs-sécherheet, Liewensqualitéit, Energiesécherheet, déi Schwaach ni vergiessen. Do ass de Mindestloun e Facteur, d'Précarité énergétique ass e Facteur, iwwert dee mer muss schwätzen. A mir mussen eis also froen: Wéi eng Engagementer kënnen mer géintiwwer deene Leit huelen? Well mir kënnen jo keen hänkeloossen.

A mir huelen e puer Engagementer als ADR. Deen éischten ass deen, dee mer scho bei der Tripartite gesot haten: Den Indexsystem, dee steet fir eis net zur Dispositioun! Mir hu Parteien heibannen, fir déi stoung e leider zur Dispositioun. Fir eis steet en net zur Dispositioun.

Dat Zweet ass: Mir wëllen och higoen an de Mindestloun ëmmer upassen, mee et sinn einfach ..., et ass eng Equatioun mat zwou Onbekannten. Déi eng ass eeben d'Liewensqualitéit, déi mam Mindestloun verbonden ass, an dat anert ass dat: Wat packen d'Entreprises? Et gëtt Entreprises, déi ganz vill verdéngen. Et ass och gesot ginn: Et sinn der, déi hu grouss Problemer. An deen Engagement, dee mer wëllen



huelen, ass einfach deen, datt mer soen: Da kommt, mir ginn elo hin am Ufank vun där nächster Legislaturperiode a mir maachen deen Exercice, deen elo gemaach gouf am Ufank vun dëser Legislaturperiode, a mir kucken, ob mer net nach eng Kéier kënnen dee Gest maachen, deen elo gemaach gouf, fir ze soen, da setze mer en nach eng Kéier 100 Euro an d'Luucht ënnert der Konditioun selbstverständlech, datt d'ekonomesch Situatioun, an dat hoffe mer, et deen Abléck erlaabt. Well ech mengen, dann hätte mer en Engagement geholl, e klaren Engagement an d'Richtung, fir eis ze engagéieren op engem Wee, dee fir eis an der sozialer Solidaritéit onverzichtbar ass. Also hoffe mer, datt mer an deem Sënn kënnen viruueen.

Op jidde Fall fir d'ADR ass kloer: Mir si bereet, am Ufank vun der nächster Legislaturperiode den Index nach eng Kéier netto ze erhéijen, ënnert där eenzeger Konditioun, datt déi ekonomesch Situatioun et erlaabt.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, villmools merci, Här President. Ech sinn elo e bëssen traureg awer iwwert dem Här Kersch seng Äntwert op dës Motioun.

**Plusieurs voix** | O!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Hie muss mir elo e Kuss schécken.

Nee, mir kéinte jo awer wierklech eng Kéier emol Virreider sinn. An dofir hu mir déi Motioun do gemaach. An déi Motioun 2 heescht jo och näischt anescht, wéi de Projet de loi bis zum Enn des Joers op den Dësch ze leeën. A wann am September eppes kënnt, eng Direktiv kënnt, wiere mir nach ëmmer gutt. Also mir fannen dat do net superfetatoire.

Den Här Kersch huet vun der Gratuitéit a ville Beräicher geschwat. Dat gëtt ëmmer erëm hei esou gesot. Dat ass och richteg. Mir hunn e gratis ëffentlechen Transport. Mee wat hunn ech vun engem gratis ëffentlechen Transport, wann ech all Dag mäin Auto muss huelen, well ech enzwousch wunnen, wou ech en iwwerhaupt net ka benotze respektiv well ech zu Zäite schaffen, wou ech en net ka benotzen? Wat hunn ech vun der Gratuitéit ...

(Interruption)

Oder war et den Här Engel? Pardon. Ech hunn ... Jo. Et ass jo awer egal. Et kënnt vun der LSAP an dat eiert Iech jo och, datt Der dat sot, well et ass jo och richteg, wat Der sot.

Wat hunn ech vun der Gratuitéit vu Kantinnen a vu Crèchen a vu Maison-relais, wann a menger Géigend keng Crèche, keng Kantinn, keng Maison relais ass, op déi ech kann zrëckgräifen, oder wa mäi Kand muss versuergt ginn zu enger Auerzäit, wou déi guer net disponibel sinn?

Dat heescht, déi Gratuitéit ass jo schéin a gutt, hëlleft verschiddene Leit, mee hëlleft net alle Leit an hëlleft virun allem oft deene Leit net, déi a Beräicher schaffen, déi net mat deenen Horairë korrespondéieren, déi normal sinn, respektiv déi mussen enzwousch wunne goen, well d'Loyer esou héich sinn, do wou se schaffen, datt se guer net kënnen do wunnen. Dat heescht, et ass e Riseproblem.

De Steierkredit ass och genannt ginn, de Crédit d'impôt. Also wann ech mech net ieren, ass deen awer elo just temporaire. An dee gëtt nei ausgehandelt bei enger nächster Tripartite, wann nees eng Indextranche

kënnt. Oder hunn ech eppes falsch verstanen? A wat maache mer dann duerno? Maache mer en neie Steierkredit? Hëllef mer de Leit domadder, wou mer wëssen, datt dee Steierkredit nach ëmmer net duergeet?

Also mir kënnen eis hei dréien a kéieren, wéi mer wëllen. Mir kënnen hei vun engem soziale Land schwätzen, mir kënnen esou sozial sinn a mir sinn eis hei all eens. Mir sinn eis just net eens op eisen zwou Motiounen. Dat fannen ech zwar schonn e bëssle komesch. Wa mer eis all eens sinn, datt een net ka liewe mat deem Mindestlohn, datt mer Working Poor hunn, dat huet hei jiddereen duerch d'Bänk gesot, datt Leit schaffe ginn an d'Enner net zesummekréien an datt dat net ka sinn, datt d'Aarbecht wierklech muss remuneréiert ginn. Da fannen ech, sinn eis zwou Motiounen iwwerhaupt net superfetatoire. An et gëtt Zäit unzefänken, dat doten ze maachen.

An ech mengen, d'LSAP huet gesot, si hätten hei de Lead gehat. Si hunn dat super gemaach am Europäesche Parlament. Ech fannen dat genial. An elo gëtt et awer och Zäit, hei weiderzefueren.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 1 kommen.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 1 ass mat 4 Jo-Stëmme, 31 Nee-Stëmme a 25 Abstentionen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Diane Adehm), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

**Motion 2**

Da komme mer zur Motioun Nummer 2. Den Här Dan Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci nach eng Kéier, Här President. Ech wëll hei emol perséinlech soen, dass ech déi heite Motioun fir méi wichteg hale wéi déi éischt. Ech soen dat ganz kloer hei. Bon, d'Prozentrechnungen, dat wësst Der, do kann ee spillen. Mee hei geet et wierklech ëm d'Liewegt.

Déi beschit Garantie fir anstänneg Léin, dat sinn anstänneg Kollektivverträge. An duerfir ass dat, mengen ech, hei eng Motioun, déi vu gréisster Wichtigkeet ass. Ech sinn och der Meinung, dass mer mussen e Plan d'action maachen. Dat steet och hei dran. Ech sinn allerdéngs der Meinung, Här Minister, dass et e Feeler wär, wann d'Chamber hei géif Delaien imposéieren. Ech mengen, et ass net un der Chamber, de Sozialpartner virzeschreiwen, innerhalb vu wéi engen Delaien dass si sollen hir Aarbechte maachen. Dat wär, mengen ech, e schlecht Signal an dat géif och weisen, dass d'Chamber sech d'Fräiheet géif eraushuelen, sech an déi Gespréicher tëschent de Sozialpartner anzeméischen. Ech mengen, dass mer dat net sollte maachen.

Dat nämmlecht zielt natierlech och fir de Projet de loi. De Projet de loi kann a mengen Aen op deem dote Beräich ëmmer nëmmen d'Ergebnis si vun den Diskussionen, déi gefuert ginn tëschent de Sozialpartner. Déi Gespréicher vun de Sozialpartner, déi sinn am Lafen. Ech soen awer genau esou haart, well ech se zum Deel och nach selwer matgemaach hunn, an ech sinn iwwerzeegt, dass de Minister dat ka bestätegen: Si sinn um Stocken, ganz kloer op där doter Positioun. An duerfir mengen ech, dass et zu dësem Moment net utile wär, fir elo hei der Regierung Delaien ze setzen iwwer e Projet de loi, wou et net virausséierbar ass, ob ee bis um Enn vum Joer do wierklech en Accord bei de Sozialpartner géif fannen.

An duerfir proposéieren ech och, dës Motioun ofzeleenen, esou leed et mer deet.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kersch. Da freet den Här Marc Goergen d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci déi Lénk fir déi Motioun. Bon, mir Piraten sinn iwwerall dobäi, wou een d'Gewerkschaften ka stäerken, a Kollektivverträge stagnéieren am Moment. An ech gesinn och net, wou hei iergendeen Delai wär, wou een a sozial Verhandlung geif agräifen. Et ass einfach e gesetzleche Kader, deen ee bis Enn des Joers soll setzen. An duerno ass et un de Gewerkschaften, fir mat de Betriber ze verhandelen. Esou hunn ech et rausgelies, dass si gär bis Enn des Joers e Projet de loi hätten an duerno géifen dann d'Sozialpartner de Rescht maachen.

Also ech fanne se ganz gutt, well mir mussen d'Gewerkschaften eng Kéier stäerken. Et ass duerch d'Gewerkschaften, dass d'Leit awer hir Gehälter iwwerhaupt nach an d'Luucht kréien, well, ech mengen, eng eenzel Persoun huet net esou vill Méiglechkeeten a hirem Betrib an dofir si Kollektivverträge fir eis Piraten ganz wichteg. An dofir wäerte mir se och haut matstëmme.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. An da ginn ech d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här Kersch, wa mer déi zwee Datumen, also dat „d'ici la fin de l'année“ an „au plus tard dans six mois“ duerch „dans les meilleurs délais“ ersetzen, stëmmt Der da mat?

(Interruption)

Mat „dans les meilleurs délais“ ersetze mer déi „dans six mois“ an „d'ici la fin de l'année“. Géift Der se da matstëmme?

(Interruptions)

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech soen nach eng Kéier, wat ech virdru gesot hunn. Et ass net un der Chamber, elo d'Regierung opzufueren, e Projet de loi ze presentéieren zu engem Theema, wat am Comité permanent de l'emploi haart a kontrovers diskutéiert gëtt.

Genauso gutt kënnt Der soen, d'Regierung soll eppes Onméiglech maachen. Dat ass einfach carrement net

machbar. Et gëtt e Koalitionsaccord, wou drasteet, dass géif probéiert ginn ze kucken, wéi een dëst Kollektivvertragswiese kéint stäerken. Dat ass d'Theema permanent bei eis an der Kommissioun vum Travail. Do schwätze mer ganz oft driwwer. Den Här Spautz, ech kucken op hien, kéint bal all Sitzung domadder, dass e seet: „Mir müssen eppes am Kollektivvertragswiese maachen.“ Mir sinn eis alleguerten doriwwer eens: Et ass en Thema an deene Gremien, déi derfir do sinn, fir dat ze diskutéieren. An éier et do zu engem Ofschluss kéint, mengen ech, kënne mer hei näischt fuerderen, wat net machbar ass.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kersch. Ech mengen, da kënne mer och elo zur Ofstëmmung vun der Motioun Nummer 2 kommen.

#### Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An d'Motioun Nummer 2 ass bei 4 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen a 25 Abstentionen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Jean-Paul Schaaf), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

#### Motion 3

Da komme mer zur Motioun Nummer 3, déi vun der Sensibilitéit ADR deposéiert ginn ass, wou gefrot gëtt, e Projet de loi virzeleeën, deen de Mindestloun vun der Akommessteuer befreit. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Roy Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo, Här President, an zwar fir ze preziséieren ..., ech si vu Kolleegen drop ugeschwat ginn. Et geet hei ëm eng Steuerbefreiung laut Barème, onofhängeg vun elo bestoenden an zukünfteg kommende Steierkreditte. Dat heescht, datt effektiv de Mindestloun laut Barème steierbefreit ass, fir datt mer wëssen, wouriwwer mer hei diskutéieren. Voilà.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Reding. Dann huet den Här Marc Spautz d'Wuert gefrot.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Nächsten Donneschdeg oder nächste Mëttwoch – ech

weess et elo net, d'Conférence des Présidents kéint jo eréischt muer Moien zesummen – gëtt jo iwwer e Steuerdebat heibannen diskutéiert. A mir wäerten och an deem dote Punkt als CSV ..., dat heescht, net an deem dote Punkt, mee mir wäerten och Proposen op den Dësch leeën. An dofir kënne mir där heiter Motioun de Moment net zoustëmmen, well dat jo d'nächst Woch an engem groussen Debat heibannen um Ordre du jour steet. An da wäert eise Spriecher, den Här Gilles Roth, och op d'Detailer vun eisen Iddien an eise Proposen zréckkommen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Spautz. Da ginn ech d'Wuert weider un den Här Dan Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Jo, ech mengen, ech wollt am Fong genau dat nämmelech soen. Op där enger Säit hat ech virdrun e puer Beispiller ginn, wou verschidde Leit hei an dëser Chamber Neel mat Käpp gemaach hunn a konkret eppes beim Mindestloun gemaach hunn. Op där anerer Säit ass et natierlech méi einfach als Opposition, fir da mat Motiounen ze schaffen. Dat ass awer Äert gutt Recht. Dat wëll ech Iech net ewechhuelen. Mee d'Chamber soll sech selwer seriö huelen.

Mir hunn zënter annerhallwem Joer eng Debat uesten iwwert d'Gestalt vum der Steierlandschaft hei zu Lëtzebuerg. Déi soll elo d'nächst Woch – an ech si frou doriwwer – stattfannen, an dann hu mer vill Geleeënheeten, fir dat heiten ze diskutéieren. Il y a du pour et du contre an där Diskussioun. Mee mir sollten eis d'Fräiheet huelen, fir eis genuch Zäit ze loosse, dat am Detail ze analyséieren, an da kënne mer dat maachen. Mee et ass net de Moment, fir dat hei elo ze maachen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kersch. Dann huet nach den Här Goergen d'Wuert gefrot a kritt et och.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Ech hat virdrun a menger Ried gesot, dass de Mindestloun eigentlech misst steierfräi ginn. An dat doten ass och e Punkt, dee mir esou am Programm hunn.

Sécherlech ass elo d'nächst Woch do nach eng Diskussioun driwwer. Mee wa mer ufänken, allkéiers ze soen, iergendeng kéier um Ordre du jour schwätze mer nach eng kéier driwwer, an et ass awer eng Iwwerzeegung ..., well dat heiten ass jo awer eng Iwwerzeegung, déi och haut zum Mindestloun passt. Et ass elo net iergendwéi, datt mer ëmmer nëmme schiben.

Also fir mech ass dat dote ganz sympathesch, well et eeben och meng Iwwerzeegung ass, dass de Mindestloun soll steierfräi sinn. Ech hunn et virdu gesot: éischter d'Kapital besteiere wéi de Loun. Deement-sprechend wäerte mer dat heiten haut matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Dann huet nach den Här Gilles Baum d'Wuert gefrot.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci, Här President. Mir hunn e puermol an de leschte Méint d'Propos um steierleche Beräich hei gemaach kritt. Mir hunn ëmmer gesot: Kommt, mir waarden emol of, wat mer an deem Steuerdebat, deen d'nächst Woch ass, wäerten diskutéieren.

Ech mengen, do kéint jo net eng Measure, do kéint e ganze Package vu Mesurë vun alleguerten de Parteien an de Sensibilitäten, déi heibanne setzen. Dat, mengen ech, gëtt e ganz interessanten Austausch. Mir sollten zu dësem Moment elo net eng eenzel Measure erausgräifen. Dofir wäert ech menger Fraktioun proposéieren, dës Motioun net matzedroen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum. An da ginn ech nach eng kéier d'Wuert zréck un den Auteur vun der Motioun, den Här Roy Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Also ech fannen d'Argument net richtig. Mir schwätzen haut zum Mindestloun. Also passt déi Motioun perfekt zum Mindestloun.

Jo, mir hunn d'nächst Woch eng Debat iwwer Steierfroen am Allgemengen. Mee vu datt dat doten d'Attitud ass vun de Kolleegen, zéie mir dës Motioun haut zréck a mir etabléiere se dann am Rame vum Debat iwwert d'Steierfroen.

Merci.

*(La motion 3 de M. Jeff Engelen est retirée.)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

### 3. Dépôt d'une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés par M. Roy Reding

Ech géif dann d'Wuert ginn un den honorabelen Här Roy Reding fir den Depot vun enger Proposition fir eng Règlementsännerung. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

#### Exposé

**M. Roy Reding** (ADR), auteur | Jo, merci, Här President. Et ass eng Éier an eng Freed, fir eng Proposition ze maache vun der Modifikatioun vun eise Règlement iwwer Mësstrauens- a Vertrauensvotten. Déi Proposition ass matënnerschriften gi vun de Kolleegen Beissel, Di Bartolomeo, Margue a Gloden. An ech ginn Iech déi dann offiziell of.

Merci.

*8042 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux questions de confiance, aux motions de confiance, aux motions de censure et aux motions de méfiance*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Reding.

### 4. 7906 – Projet de loi portant dissolution et liquidation de l'hospice civil de la Ville de Remich, dénommé « Jousefshaus »

Als nächste Punkt um Ordre du jour kéint de Projet de loi 7906 iwwert d'Opléisung an d'Liquidatioun vum Altersheim Jousefshaus. An de Rapporteur vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. Et ass kee ganz grouse Projet, mee et ass awer duerfir en ëmsou méi wichtige Projet, net nëmme fir d'Gemeng Réimech, mee fir alleguerten déi eeler Leit, déi am Jousefshaus doheem sinn.

Erlaabt mer, e klengen historieschen Exkurs ze maachen, well am Exposé des motifs effektiv op d'Origin vum den Hospice-civilen higewise ginn ass. An ech fannen, dass dat ganz interessant ass. Erlaabt mer duerfir, vläicht zwou Minutten auszehuelen.

Am 17. Joerhonnert gouf d'Aarmutsbekämpfung fir d'éischte kéier zu engem politeschen Zil erkläert. Et goufe speziell Spideeler geschaaft, wou Sans-abrisen an Ausgestossener op Staatskäsche sollten ënnerdaach kommen a gefleegt ginn. An dës Struktur sollten déi Ärmst vun deenen Ärmsten an déi Schwächst aus der Gesellschaft och eng medezinnesch, eng gesondheetlech Assistenz an Hëllef kréien.



Wat sech an der Theorie wéi eng ganz human Léisung unhéieren huet, war dat awer leider an der Praxis net ëmmer. Et huet sech nämlech erausgestallt, dass vill vun deene Spideeler dozou benotzt goufen, fir d'Leit einfach ewechzespären, déi dem Staat oder an där Zäit nach dem Souverain net an de Krom gepasst hunn.

Anstatt deenen aarmen a kranke Leit ze hëllefen, gouf de Problem vun der extremer Aarmut einfach ënnert den Teppech gekiert. An de franséische Geschichtsbücher gëtt d'fir geschwat vun der „Politique du grand renfermement“. An do gëtt ganz oft d'Beispiel vum Hôpital général de Paris erwähnt.

Wéi et schéngt, gouf d'ëst Spidol virun allem dozou gebraucht, fir Sans-abrisen, onheelbar Kranker a Krimineller einfach verschwannen ze doen. Et ass also net verwonnerlech, dass d'Géigner vum Ancien Régime dës Spideeler als eng vun de schlémmste staatlechen Institutionen ugesinn hunn.

Mat der Franséischer Revolutioun koum duerno de Wonsch no enger neier Assistenz an engem neie Gesondheetssystem, an deem d'Prise en charge vun de Patienten net méi géif beim Staat leien, mee bei de Gemengen. Also d'Prise en charge vun deenen Ärmste sollt vun de Gemengen assuréiert ginn.

Et wollt een en dezentraliséiert System schafen, an deem d'Spideeler also un d'Gemenge rattachéiert wäeren. An der Zäit vum Napoléon gouf dës Wonsch du Realitéit an et gouf eng nei Offer geschaaft fir krank, vulnerabel a eeler Leit, déi sech keen Dokter an och keng Fleg leeschte konnten. An dat waren déi sougenannten Hospices civils.

D'Hospices civils haten als Aufgab, fir deenen Ärmsten an deene Schwächsten aus der Gesellschaft eng Assistenz a Fleg unzébiden. An deene meeschte Fäll goufen dës Haiser vu privaten Done finanziert a vun de Schwëstere geleet.

Zu Lëtzebuerg gouf et an der Zäit fënnf Hospices civils, déi och haut nach zum Deel existéieren. Nieft dem Jousefshaus zu Réimech, vun deem mer haut schwätzen, hate mer een zu Wolz, zu Gréiwemaacher, zu Iechternach an an der Stad.

Am Laf vun de Joren hu sech natierlech d'Missiounen, d'Aktivitéiten an och de Fonctionnement vun den Hospices civils allerdéngs vill verännert. Esou geet et haut natierlech net méi drëm, fir Opdachloser, Weesekaner oder onheelbar Kranker ënnerdaach ze bréngen oder fir aarme Leit eng gratis Fleg ze erméiglechen. Dofir gëtt et haut aner Strukturen.

Och ginn dës Haiser haut net méi vu Schwëstere gefouert, mee vu Leit, déi déi selwecht Qualifikatiounen hu wéi an aneren Institutionen an eisem Gesondheetssystem.

Hautdesdaags konzentréiere sech d'Hospices civils – dat wësst Der mat Sécherheet – nach just op den Accueil an op d'Fleg vun eelere Leit. Se sinn also e Complement zu den Alters- a Fleegeheimer. Den Ament hu mer nach dräi Hospices civils hei am Land, an dat nodeems den Hospice civil zu Wolz zougemaach ginn ass a seng Aktivitéiten un de Centre Hospitalier du Nord ugeschloss gi sinn.

Mam virleiende Gesetzesprojet soll also e weidert Haus, e weidere Hospice civil zougemaach ginn, an zwar d'Jousefshaus vu Réimech. Wann den Henri Kox hei wär, da géif e soen ...

**Une voix** | D'Pärel.

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | ... „d'Pärel vun der Musel“.

An de leschte Jore sinn d'Aktivitéite vun den Alters- a Fleegeheimer ëmmer méi komplex ginn, besonnesch

am Kader vun der Covidkris, soudass déi aktuell Strukture vum Jousefshaus den neien Ufuerderungen net méi gerecht ginn.

Net nëmme wat d'Organisation vun de Soine betrëfft, mee och de finanziellen Niveau: och do huet d'Jousefshaus mëttlerweil – an dat schonn iwwer länger Joren – seng Limitt erreicht, an dat opgrond einfach och vun där juristescher Form, an där et sech befënnt. Effektiv huet d'Jousefshaus ënnert dem Statut vum Hospice civil net méi genuch Spillraum, fir senger Missioun gerecht ze ginn. An dofir huet d'Reimecher Gemeng, zesumme mat der Direktioun vum Jousefshaus decidéiert, fir dës Struktur opzeléisen.

Well d'Demande vun Alters- a Fleegeheimer a vu Plazen an den Alters- a Fleegeheimer zu Lëtzebuerg natierlech nach ëmmer immens grouss ass, koum et fir d'Gemeng Réimech natierlech guer net a Fro, fir déi Aktivitéiten aus dem Jousefshaus einfach esou opzeginn. Schliesslech wollt ee verhënnern, dass an Zukunft manner Plazen an der Gemeng Réimech a fir d'Bewunner aus den Nopeschgemengen an enger Altersstruktur disponibel wäeren an dass d'Bewunner aus dem Jousefshaus missten op eng aner Plaz versat ginn. Et huet een deemno versicht, en neie juristische Kader ze fannen, fir d'Aktivitéite vum Jousefshaus kënne weiderzeféieren.

De virleiende Gesetzesprojet proposéiert deemno, dass d'Jousefshaus a enger aktueller Form soll opgeléist ginn a seng Aktivitéite vu Servior sollen iwwerholl ginn. No der Liquidatioun soll de Patrimoine vum Hospice civil – dat heescht d'Terrainen, d'Gebäier, d'Aktiven awer och d'Scholden – un d'Reimecher Gemeng iwwerdroe ginn.

An enger zweeter Etapp soll d'Gemeng dann d'Terrainen an d'Raimlechkeeten u Servior weiderverlouen; dat unhand vun engem Bail emphytéotique. Et gëtt zwou Annexen zum Gesetz. Déi eng Annex hält fest, wat fir eng Gebäier effektiv iwwer Emphyteos u Servior iwwerginn. An déi aner Annex – d'Annex B –, wat fir eng Terrainen integral un d'Gemeng Réimech zréckfalen.

Wichtig ass och ze soen, dass d'Gemeng Réimech also Proprietär vum Haus bleift an och vum Grondstéck an dass Servior och dat ganz Personal aus dem Hospice civil wäert iwwerhuelen.

Souwuel de Staatsrot wéi och d'Chambre de Commerce begrëssen, dass Servior d'Aktivitéite vum Jousefshaus iwwerhëlt an dass d'Betreiungsoffer fir déi eeler Leit op dëser Plaz bei der Pärel vun der Musel also ka weidergefouert ginn.

Fir weider Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport. Ech ginn den Accord vun der Demokratescher Partei an ech soen Iech alleguete Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Gilles Baum.

Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Octavie Modert ageschriwwen. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Merci, Här President. Et ass rar, dass hei am Land en Altersheim ënnert der juristescher Form vun engem Hospice civil, also engem Zivillhospiz, verwalt gëtt. An dat ass och fir manner grouss Gemengen eng gewëssen, besonnesch och finanziell, Laascht.

Déi Réimecher Gemeng hat trotzdeem virun iwwer 25 Jore d'Jousefshaus, d'Altersheim nei gebaut a gëtt och villen eelere Leit aus der Géigend e proppert Doheim

an hire leschte Joren. Déi sinn och ëmmer ganz zefridden dobannen a fille sech gutt opgehewen a betreit mat ville flotten Aktivitéiten.

Wann et och ëmmer erëm an der Gestiou vum Haus alt emol en Hin an Hier war, esou huet d'Jousefshaus dach awer finanziell ëmmer stabil, souguer ganz gutt, dogestanten. Mee déi finanziell Schwierigkeiten, déi elo dem Zivillhospiz d'Genéck gebrach hunn, déi si rezent a sinn duerch nei Bestëmmungen an den Ofrechnungen vun der Fleegeversécherung entstanen mat de retroaktiven Uspréchen. Dat war e Betrag, dee fir eng Gemeng am ländleche Raum – déi si souwisou net op Rouse gebett – net ze packe war, trotz der finanzieller Bedeelegung virun ongeféier dräi Jore vun allen anere Gemengen, déi sech beim initialen Invest mat akaaft haten.

Et ass och net einfach fir eng Gemeng, d'Gestiou an d'Supervisioun vun esou Haiser ze gestalten. An dofir ass d'Gestiou an den Transfert u Servior och elo e logesche Schrëtt, zu deem d'CSV hiren Accord gëtt. A vu datt et eng Schenkung war an der Zäit ausgangs vum 19. Joerhonnert, ass et och gutt, dass de Buedem – d'Gebai ass méi nei – am Besëtz vun der Gemeng bleift.

Servior huet leider den Dagesfoyer net iwwerholl a weidergefouert. Dat ass natierlech schued. Dat kann hei oft ... Dat wär eppes, wat natierlech och zu der Attraktivitéit an deem gesamte Raum vun dem Haff Réimech géif bäidroen.

Ee Wuert, wann Der mer erlaabt, nach zu de Pensionspräisser insgesamt: Ëm déi oder iwwer 3.000 Euro pro Kummer, dat ass natierlech net einfach ze bezuele fir d'Bewunner am ländleche Raum, wou déi eeler Leit allermeeschtens kleng Renten a souguer dacks nëmmen d'Mindestrent hunn. Dat ass fir si net evident. Si brauchen trotzdeem och esou Strukturen, well si hunn hiert Liewe laang vill geschafft. An och wa se elo nëmmen d'Mindestrent dofir kréien, ass et awer wichteg, dass no hinne gekuckt gëtt.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Modert. Beim nächsten ageschriwwene Riedner bleiwe mer op der Musel: d'Madamm Tess Burton.

**Mme Tess Burton** (LSAP) | Jo.

**Une voix** | D'Pärel vun der Musel.

(Hilarité)

**Mme Tess Burton** (LSAP) | Neen, ech sinn net d'Pärel vun der Musel. Dat ass ...

(Interruptions et hilarité)

Jo, bei eis nenne mer dat „Muselmetropol“. Mee gutt.

Also, ech géif gären dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport. Dee war ganz komplett, an och deen Historique, deen en eis hei virbruecht huet. Ech mengen, domat ass alles gesot.

Ech si frou, dass haut hei eng Léisung geschaaft gëtt, mat där all déi concernéiert Leit zefridde sinn. An ech mengen, et ass elo ganz wichteg, dass eben och déi Leit, d'Bewunner an d'Matarbechter, do elo erëm zu Rou kommen. Ech mengen, déi hunn och zwéi Jore Pandemie hannert sech, wat net einfach fir déi Leit war. Dofir sinn ech ganz frou, dass mer haut dee Projet hei kënne stëmmen an ech ginn natierlech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Burton. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Charles Margue.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Jo, deem bleift just, Merci ze soen un de Rapporteur fir deen historeschen

Exkurs, un all déi Leit vun der Musel, aus dem Osten, déi eis do beräichert hunn. Ech ginn den Accord vun där grénge Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Margue.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | An e schéine Bonjour vum Här Kox.

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools fir de Bonjour. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. An och merci un de Rapporteur fir dee grouse Rapport, deen en eis gemaach huet. Grouss an deem Sënn, dass e ganz detailléiert war an dass och ganz vill interessant historesch Fakten dra waren, déi wierklech vläicht hei nach net gewosst waren.

Mir als ADR ginn natierlech eisen Accord fir des Saach. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Keup. Dann ass d'Madamm Myriam Cecchetti prett. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, mir sinn e bëssen den Hond am Keelespill.

(Interruption)

Här President, et ass schued, datt déi Réimecher Gemeng den Hospice net an eegener Hand wollt oder konnt finanziell iwwerhuelen, well et ass am Esprit bei déi Lénk, datt d'Alters- a Fleegeheimer als Gemeindegesservicer solle gefouert ginn.

Mir brauchen och eng flächendeckend Verbreedung vun effentleche Gesondheitszentren, méi no bei de Leit an de Gemengen. Eis Spideeler ginn ëmmer méi riseg an ëmmer méi opwenneg ze geréieren an ze finanzéieren. Dobäi ass nach ëmmer den Accès zu weesentleche Gesondheitsservicer net assuréiert, weeder vum geografesche Standpunkt hier, nach vun der Offer an der Méiglechkeet op eng schnell Prise en charge. Esou en Hospice a Gemengenhand weiderzeféieren, wier eng Plus-value gewiescht fir de medezinnesch deserteierten Oste vum Land.

De Réimecher Hospice staamt aus dem Enn vum 18. Joerhonnert a kënnt soumat aus dem franséische Revolutionskontext. Interessant dobäi ass, dass et an deser Zäit a Frankräich zu enger anerer Politik koom bei der Prise en charge vun Alen, Aarmen a Kranken.

Uechtert d'Stied sinn an där Zäit Hospices civils gegrënnt ginn, déi d'Leit am Quartier versuergt hunn. Et kéint ee soen, dat wier esou e Virleefer vun de Maison-médicall gewiescht; natierlech méi an engem kathoulesch-karitativen Esprit wéi deem vun der universeller Gesondheitsversuergung. Mee trotzdem hunn des Hospicen en demokratiséieren an och lokalen Accès zu enger Basisversuergung kënne bidden, wat Krankheet a Fleg uougeng.

Den Hospice vu Réimech kënnt also aus där Tradition. Eng Saach, déi hei problematesch ass, ass de Statut juridique. Eigentlech leet kee Gesetz de Statut juridique vun Hospicë fest, mee se erfëllen awer soss vill Krittere vum Établissement public.

Am Text steet als Grond fir d'Opléisung dran, dass den Hospice net méi adaptéiert wier als Forme juridique, fir d'Roll vun Alters- a Fleegeheimer ze erfëllen, dass et souwuel finanziell wéi operationell Problemer géif ginn.

Här President, mir froen eis awer, ob et net éischer dorunner läit, dass eis Fleegeheimer immens getrimmt ginn an datt se och enger gewëssener Kommerzialiséierung vun der Fleg zum Affe falen.

D'ailleurs ass den effentleche Bedreier vun Alters- a Fleegeheimer Servior grad um gudde Wee, fir der Privatiséierung zum Affe ze falen.

Mam Gesetz ass virgesinn, dass Servior an Zukunft kann an aneren Entrepen am Domän vun der Altersfleg Participatiounen hunn an dass déi Entrepen am Interêt vu Servior weider Partneriater grënnen, fir dem Servior seng Aktivitéiten ze bedriewen. Do ass de Verdacht op d'Kommerzialiséierung an d'Auslagerung vu verschiddenen Aktivitéite ronderëm d'Fleg scho confirméiert.

Dat ass natierlech eng aner Debatt, déi mer hei nach wäerte musse féieren. Mee vu dass et hei bei deem Gesetz och ëm Servior geet, deen d'Exploitation vun de Gebailechkeeten an dee materielle Bestand iwwerhëlt, wollt ech hei déi Umierkunge maachen, dass am Fall vum Réimecher Hospice esou oder esou de Verdacht fir eis besteet, dass hei d'Dier opgestouss kéint ginn – ech betoune „kéint ginn“ –, fir dat nach ganz aner privat Acteur verschidden Aktivitéite ronderëm d'Fleg- a Gesondheitsservicer, mee och d'Restauration an den Entretien vun de Gebaier kéinten iwwerhuelen.

Effektiv kéint elo zum Beispill eng ganz ëmstrichen Orpea do um Marché deelhuelen an d'Aktivitéit ronderëm d'Fleg oder Dealer dovun iwwerhuelen. Dat ass eng Thees, awer och just eng Thees.

De Problem ass, datt d'Gesetz dat net preziséiert. Mir wëssen, datt den Terrain vum Gebai, d'Gebai an de materielle Bestand vum Gebai, d'Biens mobiliers, am Besëtz vun der Réimecher Gemeng bleiwen an datt Servior d'Exploitation vum Gebai an de Biens mobiliers iwwerhëlt.

Mee wéi scho gesot, ass net kloer, wien d'Aktivitéiten um Site an Zukunft soll bedriewen, opgrond vun de gesetzlechen Ännerungen, déi an der Maach sinn. Egal wéi si mir vigilant, och well mer wëssen, datt an Zukunft mat Servior als Exploiteur vum Hospice d'Privatiséierung schonn hallef am Haus steet. Dofir ent-hale mir eis bei deem Projet de loi.

Merci awer dem Rapporteur fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport a merci fir d'Nolauscheren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Gilles Baum. Och wa mäin Urgroussbop vu Réimech war, hunn ech awer am Rapport villes bäigeliert.

De Projet a sech ass gutt. Ech hat och an der Kommissioun jo dofir e puer Froen dozou gestallt. Et ass natierlech schwierig fir eis als Chamber erauszufannen, firwat déi finanziell Problemer wierklech opgetruede sinn, mee dofir hat ech jo d'Fro gestallt, ob déi Scholden da mat eriwerginn. An do hat d'Madamm Ministesch mir jo ganz kloer Nee geäntwert, soudass dat fir eis awer do emol zefriddestellend ass. Well et wär net gutt gewiescht an eisen Aen, wann een déi Scholde mat iwwerholl hätt.

Op där anerer Säit gëtt awer d'Personal mat iwwerholl. Dat ass ganz positiv, soudass och d'Personal eng gewësse Sécherheet huet. Ech weess: Et weess een net, wat a fënneg, zéng Joer ass, mee op d'mannst hu se awer elo emol eng Sécherheet, soudass mir dee Projet haut wäerte matstëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Familjeministesch Corinne Cahen.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Jo, villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt emol, dem Rapporteur villmools Merci ze soe fir säin exzellente Geschichtscours, säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, do steet alles dran. Ech géif just gären nach eng kéier preziséieren, dass et hei ëm d'Mënsche geet, déi zu Réimech am Jousefshaus wunnen, dass et ëm d'Qualitéit vun der Prise en charge geet an dorëms, dass si och weiderhi kënnen do wunne bleiwen an dass se vun enger ganz héijer Qualitéit, souwuel beim Personal wéi och soss, begleet ginn a betreit ginn. Dorëms geet et emol an éischer Linn. Et geet ëm d'Leit an ëm d'Awunner.

Ech sinn dofir och ganz frou, dass Servior bereet war, dat Haus ze iwwerhuelen als 16. Haus vu Servior hei am Land, wéi d'Gemeng am Fong u si erugetruden ass. Et geet awer net nëmmen drëms, dass d'Leit a beschtméigleche Konditiounen liewen. Et geet och drëms, dass d'Personal a ganz gudden Aarbechtskonditiounen ka schaffen.

Doduerch, dass Dir haut dëst Gesetz stëmmt, geet d'Jousefshaus, wéi gesot, eriwier u Servior. D'Bewunner kënnen esou vun der paramedezinnescher, der sozialer, administrativer, technescher a logistescher Expertis an Infrastruktur vu Servior profitéieren.

Ech wëll awer och soen, dass grad wéi déi aner Haiser vu Servior, och dat heiten Haus wäert seng Identitéit a seng Séil behalen. D'Jousefshaus zu Réimech, wéi et gesot ginn ass, do ass eng Miseler Identitéit, an déi wäert och esou weidergefouert ginn.

Da géif ech awer gären hei nach soen, dass ech et immens schued fannen, dass ech et wierklech regretéieren, dass hei en Amalgamm gemaach gëtt mat engem anere Gesetz, wat mer e Méindeg de Moien, Madamm Cecchetti, beschwat hunn an der Familjekommissioun. An Dir hutt den Amendement matgestëmmt! Also ass dat hei nëmme schlechte Wëllen, wat Der hei maacht, ...

(Interruptions)

... well hei gëtt net privatiséiert!

Et wäert ni privatiséiert gi bei Servior. Ganz au contraire! Et geet ëm d'Qualitéit, et geet ëm d'Héichale vun der Qualitéit an och vun den Aarbechtskonditiounen. An dat, wat Dir gesot hutt, ass einfach faktesch falsch! An Dir wësst et, well Dir waart an där Kommissioun an Dir hutt den Amendement matgestëmmt. Also probéiert Der hei just nëmme schlecht Blut zu maachen an eppes ze soen, wat vläicht Är Gewerkschaft gefält, mee awer wat total falsch ass! Ech wëll dat hei eng kéier gesot hunn!

An d'Madamm Modert géif ech gär rassurieren: D'Präisser wäerten net an d'Luucht goen, mee et wäerten déi nammlecht bleiwen. Voilà.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Familjeministesch Corinne Cahen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7906. Den Text steet am Document parlementaire 7906<sup>5</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7906 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.



De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Absten-tiounen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Jean-Marie Halsdorf), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitu-tionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 5.7952 – Projet de loi portant change-ment de limites entre la Commune de Berdorf et la Commune de Consdorf

Dee leschte Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7952 iwwert d'Ännerung vun de Limiten tëscht der Gemeng Bäerdref an der Gemeng Konsdref. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeloegt. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Weber. Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes

**M. Carlo Weber** (LSAP), rapporteur | Merci, Här Pre-sident. Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 7952 geet et drëm, d'Gesetz tëscht de Gemenge Bäerdref a Konsdref nei ze zéngen an déi entspre-chend Fläche vun där enger an déi aner Gemeng ze transferéieren.

Duerch déi nei Delimitatioun vun de Gemenge verän-tert sech kaum eppes un der Gréisst vun de Geme-nen. Et geet hei ëm Fläche vu ronn 340 Ar, déi vun enger Gemeng an déi aner eriwerginn. D'Zil vun dëser Operatioun ass et, dass an Zukunft d'Uertschaft Kalkesbaach ganz zu Bäerdref gehéiert. Bis elo ass et effektiv esou, dass d'Gemengegrenz duerch Kalkes-baach verleeft, soudatt d'Haiser nördlech vun der Kalkesbaacher Strooss zu Bäerdref gehéieren an d'Haiser südlech dervun zu Konsdref.

Fir d'Gestioun vun der Uertschaft bréngt dat eng Rei Nodeeler an der Praxis mat sech, zum Beispill wat d'Waasserversuergung an d'Offallgestioun betrëfft. Dofir hunn d'Gemengeréit vu Bäerdref a Konsdref

d'lescht Joer de 6. Oktober respektiv den 30. Septem-ber derfir gestëmmt, fir dës Limiten nei festzeleeën.

Laut eiser Verfassung kënnen d'Gemengegrenzen nëmme per Gesetz ofgeännert ginn. Dofir huet d'In-neministesche, d'Madamm Taina Bofferding, dëse Projet den 18. Januar an der Chamber deposéiert. De Staatsrot huet säin Avis de 26. Abrëll ofginn ouni gréisser Remarken. Den 9. Juni gouf de Projet an den Avis vum Staatsrot an der Kommissioun gekuckt an ech gouf als Rapporteur genannt. Merci dofir.

(Interruption et hilarité)

Eng Woch méi spéit gouf de Rapport an der Kommis-sioun ugehall.

Här President, fir d'Chamber ass dëse Gesetzesprojet vläicht just eng Formalitéit. Fir déi zwou betraffe Ge-menge geet an Zukunft da Verschiddenes vill méi ein-fach. Et erliichtert och déi administrativ Prozeduren doduerch, dass hei d'Uertschaft elo ënnert d'Verwal-tung vu just enger Gemeng fält.

Fir d'Awunner vun der Kalkesbaach gëtt den Accès zu de Gemengeservicer e bësse méi vereinfacht a méi kohärent. Deen neie Grenzverlaf mécht och urbanis-tesch méi Sënn. Fir weider Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

Deene Gemengeverantwortleche vu Bäerdref a Konsdref a jidderengem, deen un dësem Dossier matgeschafft huet, souwéi de Vertrieeder vun dëser Kommissioun soen ech villmools Merci a ginn heizou den Accord vun der LSAP an ech soe Merci fir Är Op-mierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Rapporteur Carlo Weber.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Michel Wolter** (CSV) | Merci, Här President. Merci fir den exzellente Rapport an e kloere Jo vun der CSV.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech ginn d'Wuert weider un den Här Gilles Baum. Merci villmools, Här Wolter.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci dem Här Weber fir säin exzellente Rapport. Mir hunn elo effektiv hei eng Situatioun berengert. Ech weess awer net, Madamm Minister, ob mer nach där Situatiounen uechtert d'Land hunn. Warscheinlech. Ech kann Iech der elo vläicht zwou nennen, déi Iech vläicht net bekannt sinn: de Groeknapp/Graulster, wann Der op Iech-ternach fuert. Do gehéiert 95 % zu der Gemeng Jonglënster, an dräi Haiser, déi an där selwechter Strooss leien, déi gehéieren zu der Gemeng Bech. Och vläicht eng Situatioun, déi een eng Kéier kéint berengegen.

(Interruption)

Ech gesinn, den Här Reding ass net domat aversta-nen.

An dann hu mer awer och an där Gemeng eng ganz, ganz kokass Situatioun. Dir kennt vläicht den Uert Blummendall.

**Plusieurs voix** | Jo.

**M. Gilles Baum** (DP) | De Blummendall gehéiert zu dräi Gemengen: d'Gemeng Hiefenech, d'Gemeng Bech, d'Gemeng Jonglënster. E gehéiert zu dräi Kan-tonen. An e gehéiert zu zwee Walbezierker.

Also, ech mengen, dat ass och eng Situatioun, déi speziell ass. Woubäi déi Gemengen ëmmer ganz

gutt eens gi sinn, well déi Kanner vum Becher Deel vun der Gemeng ëmmer op Jonglënster an d'Schoul komm sinn, schonn traditionell säit 50 Joer.

Awer vläicht och en Denkestouss. Ech weess net, ob Der am Ministère elo wëlles hutt, nach Situatiounen an de Gemengen, tëschent de Gemengen ze berengegen. Mee op alle Fall, mengen ech, dass hei d'Gemeng Bech an d'Gemeng Jonglënster net rose wäeren, wa se och hei vläicht kéinte e kleng Coup de pouce kréien.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum. An da wier et um honorabelen Här Marc Hansen.

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech géif dann dem Här Carlo Weber fir säin exzellente Rapport e grouse Merci soen. Ech gesinn, mir sinn elo um Wee vun engem Remembrement communal iwwert d'ganz Land. Dat ass, mengen ech, eng gutt Méig-lechkeet, eng Kéier eng Analys dozou ze maachen iwwert déi verschidde Gemengen. An ech ginn dann och gläichzäiteg den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Hansen. Da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Jo, merci dem Här Carlo Weber fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport. Ech mengen, et ass alles gesot. Et ass ëmmer e bësse proble-matesch an engem Duerf – an engem Dierfchen, besser gesot –, wann zwou Gemenge geréieren. An et ass am Interessé vun de Leit, wann et vun enger Säit aus geréiert gëtt.

Ech wéilt dann nach den Här Baum ergänzen, dass mir och nach am Éislek déi eng oder aner Gemeng hunn, wou esou Dierfer vun zwou oder dräi Gemenge geréiert ginn. Ech denken do zum Beispill och un d'Maulusmillen. Ech wollt dat just ergänzen zu Är Opféierung. Da wier dat och gesot.

Merci, a mir ginn d'Zoustëmmung.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. Da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, merci fir deen zackege mündlechen a schrëftlechen Rapport. Vun eis zwee aus och den Accord heifir. Mir brauchen hei kenger Gewerkschaft ze gefalen, dofir stëmme mer dat dann einfach elo emol mat.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Carlo Weber, dee gäre méi oft esou Rap-porte ka maachen. Dir hutt der Kommissioun Merci gesot. Dir hutt dat ganz gutt gemaach. An Här Baum, jo, och bei eis zu Péiteng/Käerjeng gëtt et esou Fäll, wou och schonn déi éischt Diskussiounen ugefaan-gen hunn. Dat heescht, d'Chamber wäert warschein-lech nach e puermol mat deem Theema befaasst ginn. A mir stëmmen natierlech haut och zou.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Inneminis-tesche Taina Bofferding.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Merci, Här President. Fir d'éischt wëll ech och gär dem Rap-porteur Merci soen. En huet ganz ausféierlech erkläert, wat d'Virdeeler dovunner sinn.

Zu der Remark vum Här Baum: ganz gären. Ech mengen, wann Initiative komme vun de Gemengen – si



musse vun de Gemengeréit kommen –, da si mir prett am Interieur, dat mat hinnen ze kucken. Dofir wéilt ech nach eng Kéier ausdrécklech deenen zwou Gemengen hei eebe felicitéieren, dass se dee Schrëtt gemaach hunn, well et erlichert wierklech ganz villes.

An, wéi gesot, wann nach aner Gemengen och dee Schrëtt wëlle maachen: Mir si prett. Dat selwecht zielt och fir d'Fusiounen; och ëmmer e ganz interessant Thema. Op alle Fall si mer prett, fir och déi Schrëtt ze maachen. An nach eng Kéier e grouse Merci och hei fir d'Zoustëmmung.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmoos der Madamm Ministesch. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7952. Den Text steet am Document parlementaire 7952<sup>2</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7952 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Martine Hansen), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir sinn um Schluss vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 15.45 heures.)

## Sommaire

| Objet                                                                                                                | N°   | Auteur                             | Page | Objet                                                                                                                 | N°   | Auteur                                    | Page |
|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|------------------------------------|------|-----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|-------------------------------------------|------|
| Dégradation de la route entre le giratoire de Heiderscheid et le pont sur la Sûre à Heiderscheidergrund (N15)        | 6405 | André Bauler                       | 78   | « Automotive Campus » à Bissen                                                                                        | 6583 | Claude Lamberty, André Bauler             | 85   |
| Feux de forêt                                                                                                        | 6419 | André Bauler                       | 78   | IRM à Grevenmacher                                                                                                    | 6589 | Fred Keup                                 | 85   |
| Autorisations nécessaires pour l'exploitation d'un hélicoptère privé                                                 | 6438 | Jeff Engelen                       | 78   | Retards de versement de subventions concernant les énergies renouvelables                                             | 6590 | Mars Di Bartolomeo                        | 86   |
| Travail au noir                                                                                                      | 6447 | André Bauler, Carole Hartmann      | 79   | Coopération entre le groupe Luxport et CFL                                                                            | 6591 | Jeff Engelen                              | 86   |
| Installation d'un hélicoptère dans l'enceinte d'un hôtel                                                             | 6473 | Sven Clement                       | 79   | Jours de formation dans le cadre du télétravail des frontaliers                                                       | 6592 | Laurent Mosar, Marc Spautz                | 86   |
| Mise en place d'un simulateur de calcul de pension                                                                   | 6481 | Nancy Arendt épouse Kemp           | 80   | Exposition des enfants aux polluants                                                                                  | 6594 | François Benoy, Josée Lorsché             | 86   |
| Incendies de la forêt suite aux températures élevées et à la sécheresse                                              | 6491 | Mars Di Bartolomeo                 | 81   | Fixation du prix des médicaments                                                                                      | 6611 | Gusty Graas, Carole Hartmann, Gilles Baum | 87   |
| Enseignement presté par les maîtres d'enseignement dans la formation professionnelle                                 | 6499 | Myriam Cecchetti                   | 81   | Subsides alloués aux associations et sociétés de bienfaisance par le Ministère des Affaires étrangères et européennes | 6616 | Sven Clement                              | 88   |
| Congé sportif                                                                                                        | 6521 | Mars Di Bartolomeo, Dan Biancalana | 81   | Signalisation des auto-pédestres au Luxembourg                                                                        | 6619 | Jeff Engelen                              | 88   |
| Familles d'accueil                                                                                                   | 6524 | Simone Asselborn-Bintz             | 82   | Illumination de Noël                                                                                                  | 6620 | Fernand Kartheiser                        | 88   |
| Impact des travaux de modernisation et d'extension des CFL sur le TGV                                                | 6531 | Mars Di Bartolomeo                 | 82   | Défauts constatés dans des logements commercialisés par la SNHBM                                                      | 6622 | Nathalie Oberweis                         | 89   |
| Retrait de la Russie de l'ISS                                                                                        | 6560 | Octavie Modert                     | 82   | Défauts constatés dans des logements commercialisés par la SNHBM                                                      | 6623 | Jeff Engelen                              | 89   |
| Autorisations des hélicoptères de la Police grand-ducale                                                             | 6562 | Fernand Kartheiser, Fred Keup      | 82   | Défauts constatés dans des logements commercialisés par la SNHBM                                                      | 6625 | Sven Clement, Marc Goergen                | 89   |
| Enseignement du luxembourgeois dans les écoles internationales publiques                                             | 6563 | Francine Closener                  | 83   | Application de la loi relative à la protection des animaux                                                            | 6626 | Marc Goergen                              | 90   |
| Plan d'action national de promotion de l'agriculture biologique                                                      | 6565 | François Benoy                     | 84   | Réglementation concernant le port d'un burkini                                                                        | 6628 | Fernand Kartheiser                        | 91   |
| Plateforme intergouvernementale scientifique et politique sur la biodiversité et les services écosystémiques (IPBES) | 6582 | Gusty Graas, Max Hahn              | 84   | Sécurité des dépôts de munitions de l'Armée luxembourgeoise                                                           | 6629 | Sven Clement, Marc Goergen                | 91   |
|                                                                                                                      |      |                                    |      | Association « Mäi Wëllen, Mäi Wee »                                                                                   | 6630 | Fernand Kartheiser                        | 91   |



|                                                                                    |      |                                |    |                                                                                                             |      |                    |    |
|------------------------------------------------------------------------------------|------|--------------------------------|----|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|--------------------|----|
| Vente de stupéfiants au salon de consommation Abrigado et ses environs             | 6631 | Léon Gloden, Laurent Mosar     | 92 | Groupe de travail interministériel « LAWS »                                                                 | 6642 | Marc Goergen       | 95 |
| Page Facebook « LuXembourg – Let's make it happen »                                | 6632 | Fernand Kartheiser             | 92 | Centrale nucléaire de Cattenom dans le cadre de la sécheresse                                               | 6643 | Marc Goergen       | 95 |
| Plan d'action pour la promotion de l'image de marque du pays – « Nation Branding » | 6633 | Fernand Kartheiser             | 92 | Politiciens victimes d'espionnage                                                                           | 6644 | Marc Goergen       | 96 |
| Consommation de gaz                                                                | 6634 | Carole Hartmann, Max Hahn      | 93 | Politique industrielle                                                                                      | 6645 | Fernand Kartheiser | 97 |
| Travaux d'intérêt général                                                          | 6636 | Fernand Kartheiser, Roy Reding | 93 | Gardiennage des bâtiments d'institutions internationales par des anciens membres de l'Armée luxembourgeoise | 6646 | Fernand Kartheiser | 97 |
| Carte d'identité des enfants dans le cadre d'un divorce des parents                | 6637 | Max Hengel                     | 94 | Augmentation du prix du gaz                                                                                 | 6649 | Marc Spautz        | 97 |
| Rapport d'Amnesty International sur la guerre en Ukraine                           | 6639 | Fernand Kartheiser             | 95 | Demandeurs d'asile afghans                                                                                  | 6650 | Nathalie Oberweis  | 97 |
|                                                                                    |      |                                |    | Construction d'une station hydrogène                                                                        | 6652 | Paul Galles        | 98 |
|                                                                                    |      |                                |    | Mesurage officiel de propriétés foncières                                                                   | 6654 | Yves Cruchten      | 99 |

### Dégradation de la route entre le giratoire de Heiderscheid et le pont sur la Sûre à Heiderscheidergrund (N15) | Question 6405 (27/06/2022) de M. André Bauler (DP)

La couche de roulement du tronçon de route entre le giratoire de Heiderscheid et le pont sur la Sûre à Heiderscheidergrund (N15) est actuellement parsemée de nids de poule si bien que l'Administration des ponts et chaussées s'est vu obligée d'installer des panneaux spécifiques qui attirent l'attention des usagers les plus divers sur cette problématique.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Monsieur le Ministre peut-il expliquer quelles sont les causes de la dégradation de ce tronçon de route dont la couche de roulement avait été rénovée au cours de la décennie dernière ?

2) Monsieur le Ministre peut-il informer, le cas échéant, si l'Administration des ponts et chaussées est disposée à remédier à cette situation dans un avenir proche, de préférence avant la saison hivernale 2022-2023 ?

**Réponse** (19/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) La durabilité d'une couche de roulement est en moyenne de dix ans. En prenant en considération le trafic quotidien entre le giratoire de Heiderscheid et le pont sur la Sûre à Heiderscheidergrund, notamment celui des utilitaires, on peut estimer la durabilité de la couche de roulement pour ce tronçon de route à 8/10 ans. L'apparition de dégradations et de traces d'usure sur cet axe routier très fréquenté et régulièrement emprunté par des poids lourds est donc inévitable.

Il convient toutefois de noter que l'Administration des ponts et chaussées surveille régulièrement l'évolution et l'état de tous les axes routiers étatiques et que, en cas de dégradations importantes à court terme, l'administration prend des mesures de remise en état adaptées.

ad 2) Sauf imprévu, les travaux sur la route nationale N15, comprenant le renouvellement complet de la couche de roulement entre Heiderscheid et Heiderscheidergrund, sont envisagés pour le dernier trimestre de l'année 2022.

L'avis d'adjudication a été publié en date du 16 juin 2022 et l'ouverture de la soumission est prévue pour le mois de juillet 2022.

### Feux de forêt | Question 6419 (29/06/2022) de M. André Bauler (DP)

Eng vun de Konsequenze vum Klimawandel ass, dass weinst de méi héijen Temperaturen a verlängerten Drécheperioden de Risiko vu Bëschbränn an d'Luucht geet.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an der Madamm Inneministesch folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Bëschbränn goufen an de Joren 2001–2021 hei zu Lëtzebuerg gezielt?

2. Wat fir Regiounen vum Land a wat fir e Genre vu Bësch si besonnesch betroff?

3. Wéi vill Hektar Bësch si jee weils bei dëse Bränn zerstéiert ginn?

4. Wéi préparéiert sech de CGDIS, fir Bëschbränn, déi an Zukunft méi dacks kéinten optrieden, ze bekämpfen?

**Réponse** (15/09/2022) de **Mme Taina Boffending**, Ministre de l'Intérieur | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. De CGDIS huet 2019 eng nei, standardiséiert Alarmierungsstuf fir Vegetationsbränn agefouert, soudatt een d'Zuele vun no 2019 net mat deene vun de Jore virdru vergläiche kann. Sait dem 1. Januar 2019 sinn zu Lëtzebuerg 245 Vegetationsbränn gezielt ginn:

- 2019: 73
- 2020: 83
- 2021: 30
- 2022 (bis den 13.09.): 145

Duerch déi waarm Temperaturen an d'Dréchent sinn an de Méint Juli an August iwwer 50 % vun de Vegetationsbränn. Jee no Wiederlag am Summer kënnen dës Zuelen awer och relativ staark variéieren (Beispill 2021), woubäi iwwert déi lescht Jore en allgemengen Trend no uewe beobacht ka ginn.

ad 2. D'Vegetationsbränn betreffen dat ganz Land, ouni dass sech déi eng oder aner Regioun erausschiet. Am Plan national d'organisation des secours (PNOS) steet folgend Constat: « Les feux se répartissent à travers tout le pays. Ce sont les feux de champs ou de prés, consécutifs à la réalisation des moissons, qui ont constitué la majorité des feux et qui ont nécessité pour chacun d'entre eux l'engagement le plus faible en moyens de secours. »

ad 3. Den Ausmooss vu Vegetationsbränn gëtt eréischt zënter Kuerzem vum CGDIS iwwert eng standardiséiert Method erfaasst, soudatt et heizou keng statistesch fiabel Zuelen iwwert déi lescht Jore gëtt. Déi gréisst Vegetationsbränn an de leschte Joren zu Lëtzebuerg haten awer all jee weils eng maximal zesummenhängend Fläch vu manner wéi 15 ha. Et gouf keng sougenannt Megafeiere vun Honnerten Hektar, wéi ee se haut schonn am Ausland ka gesinn. An der Reegel sinn et eischter méi kleng Bränn, déi sech op e puer Ar oder héchstens ee bis zwee Hektar limitéieren.

ad 4. De CGDIS huet en internen Aarbechtsgrupp, dee sech mat all de spezifesche Sujete ronderëm d'Theema Vegetationsbränn beschäftegt a konkret Mesuren ausschafft: Asaztaktik, Material a Gefierer, Formatioun, Austausch mat aneren Acteuren aus deem Domän, Preventioun a Sensibiliséierung asw. Donieft kennt et och zu engem enken Austausch mat Pompjeeën aus anere Länner, fir vun dësen ze léieren a vum Erfahrungsaustausch ze profitéieren.

### Autorisations nécessaires pour l'exploitation d'un héliport privé | Question 6438 (01/07/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

Lëtzebuerg verfüügt iwwert eng Rei vu legislativen Texten, fir den nationalen an internationale Fluchverkéier ze reegelen. Déi verschiddenen Texte decke souwuel privat kommerziell Fluch, wéi déi vum Staat an doriwwer eraus eng Rei Sonderfäll, wéi zum Beispill medezinesch Fluch an den Asaz vun Helikopteren an der Viti-culture of. Ee Beräich, deem zu Lëtzebuerg besonnesch ausserhalb vum Findel aktuell awer kaum exploitéiert gëtt, ass dee vu private Fluch mam Helikopter, notamment mat där eegener Residenz als Start- oder Landepunkt. Esou wéi et mir zougedroe gouf, huet e Privatmann allerdéngs elo seng Gemeng am Norde vum Land ëm eng Geneemegung ugesicht, fir dierfen eng entsprecheend Infrastruktur ze installéieren.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Verfüügt Lëtzebuerg aktuell iwwert e legale Kader, deem de Fluch mam Helikopter vun a bei privat Residenzen am Kader vun perséinleche Bedarf an/oder kommerziellen Aktivitéiten, ewéi zum Beispill Tourismus reegelt? Falls jo, kann d'Regierung da preziséieren, a wéi ville Prezedenzfäll dës Gesetzter bis ewell applizéiert goufen?

2. Kann d'Regierung matdeelen, ewéi eng Geneemegungsprozedur déi betraffe Gemeng am Fall vum

Accord vun esou enger Demande muss anhalen a mat wéi engen nationalen Instanzen, notament aus dem Beräich vun der Loftfaartiwerwaachung a -sécurité si sech dobäi muss koordinéieren?

3. Kann d'Regierung matdeelen, mat ewéi engen inter-nationales Instanzen d'Prozedur misst koordinéiert ginn, fir de Fall, datt déi betraffe Start- a Landeplaz och fir grenzüberschreidend Fluch genotzt gëtt?

4. Kann d'Regierung matdeelen, a wéi engem legisla-tiven Text de Lärmschutz vun de Residente ronderëm gegebenefalls gereegelt wier?

**Réponse** (22/09/2022) de **M. François Bausch**, Min-istre de la Mobilité et des Travaux publics | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

De legislativen a reglementaire Kader fir d'Bedreiwer vun engem Heliport besteet zu Lëtzebuerg aus foll-genden Texter:

– Loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la règle-mentation de la navigation aérienne (article 7 ter);

– Règlement grand-ducal du 17 novembre 2020 relatif à l'exploitation et à la supervision continue des hélistations;

– Arrêté grand-ducal du 9 décembre 2020 portant publication de l'Annexe 14, Volume II – Hélistations, 5<sup>e</sup> édition juillet 2020, à la Convention relative à l'aviation civile internationale.

Déi relevanten Texter maache keen Ënnerschied tëschent effentlechen oder privaten/kommerziellen Infrastruk-turen – d'Sicherheitsregele vun der ziviller Luftfahrt gëllen eenheetlech fir all Heliport zu Lëtzebuerg. Et gëtt bis well kee Präzedenzfall hei zu Lëtzebuerg, an deem dës Dispositiounen fir e private Gebrauch appli-zéiert goufen.

Eng Betribslizenz kann nëmme vun der Direction de l'aviation civile (DAC) ausgestellt ginn, nodeems op der Plaz eng Iwwerpréiwung vun der Konformi-téit vun de gebauten Infrastrukture stattfonnt huet, esouwéi vun der Aariichtung an Ëmsetzung vun de Bestëmmungen no de gesetzlechen a reglementaire Viraussetzungen a Verpflichtungen. De Bedreier vun engem Heliport muss e Plang vun der Infrastruktur a vun den Equipementer ofginn, d'Betriebshandbuch mat den Exploitationsprozeduren, de Sicherheits-(Trajektoiren, Hindernisse etc.) a Sûretéprozeduren.

Well d'Infrastruktur op der Plaz nach net fäerdeg ass, gouf bis dato och nach keng Betribslizenz ausgestellt. Et ass och keng Koordinatioun um internationale Plang noutwenneg.

D'DAC kann och nëmme iwwert déi Aspekter ent-scheeden, déi an hir Kompetenz falen, nämlech déi technesch Konditiounen, déi a puncto Sécurité a Sûreté vun den Heliporte respektéiert mussen ginn. Ëmweltfroen, déi dës Infrastrukture betreffen (wéi Kaméidi), falen net an hire Kompetenzberäich.

D'Autorisatioun vun der DAC befreit den Heliportbe-dreier net vu senger Verpflichtung, fir déi aner néideg Geneemegungen vun den zustännegen Autoritéiten anzuhuelen (Baugeneemegung, Ëmweltgeneeme-gungen asw.).

Fir en Heliport kënnen ze realiséieren, muss de Bauhär eng Baugeneemegung beim Buergermeesch-ter ufroen. An deem konkrete Fall si follgend Aar-bechte bei der Gemeng ugefrot ginn:

- Aménagement vun enger Hélistatioun;
- Terrassementsaarbechten;
- Installatiounen vun engem Rasengitter;
- Installatioun vun aeronautesche Signalisatiouns-equipementen.

Well esou Aarbechten opgrond vum Artikel 37 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain geneemegungspflichteg sinn (virun allem Ter-rassementsaarbechten an d'Installatioun vun aéro-nautesche Signalisatiounsequipementen), müssen se autoriséiert ginn. Fir d'Ausstellung vun esou enger Baugeneemegung ass eleng de Buergermeeschter zoustänneg.

Wann dës Aarbechte konform zum allgemenge Be-bauungsplang (PAG) vun der Gemeng sinn, muss de Buergermeeschter se och autoriséieren.

**Travail au noir** | Question 6447 (05/07/2022) de **M. André Bauler** | **Mme Carole Hartmann** (DP)

Des économistes allemands estiment que, avec la croissance forte des prix, le travail au noir a tendance à se développer davantage, en particulier dans le do-main de la construction. Si tel était le cas, les pertes de recettes fiscales seraient non négligeables.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Em-ploi et de l'Économie sociale et solidaire et à Monsi-eur le Ministre de l'Économie :

1) Le Statec dispose-t-il de statistiques ou, du moins, d'estimations concernant l'évolution du travail au noir et les pertes de recettes fiscales y liées depuis 2015 ?

2) Combien de contrôles l'ITM a-t-elle effectué ces dernières années dans ce contexte précis et quels en sont les résultats?

3) Les contrôles en question seront-ils renforcés ?

**Réponse** (14/09/2022) de **M. Georges Engel**, Minis-tre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

ad 1) Le Statec estime de manière approximative la perte de recettes de TVA due au travail au noir (y compris le travail pour compte propre) à environ 15 millions d'euros par an. Le Statec ne dispose pas d'in-dications quant à la moins-value fiscale de ce phéno-mène au niveau des impôts directs.

ad 2) Les dispositions du Code du travail prévoient que par travail clandestin, on entend :

1) l'exercice à titre indépendant d'une activité profes-sionnelle sans être en possession de l'autorisation d'établissement y afférente ;

2) la prestation d'un travail salarié, lorsque celui qui s'y livre :

a) sait que l'employeur ne possède pas l'autorisation d'établissement, ou

b) sait que sa situation en qualité de salarié n'est pas régulière au regard de la législation concernant les re-tenues sur salaires ou de la législation relative à la sé-curité sociale.

Par ailleurs, les dispositions du même code prévoient également qu'il est interdit :

1) d'avoir recours dans le cadre d'une prestation de services à une entreprise, une personne ou à un groupe de personnes qui ne disposent pas d'une au-to-risation d'établissement ;

2) d'engager du personnel salarié pour l'exécution d'un travail étranger à l'objet de l'entreprise et pour lequel une autorisation d'établissement est nécessaire.

À noter que l'ITM est uniquement compétente pour le cas du salarié qui sait qu'il n'a pas été affilié auprès des régimes de sécurité sociale ou bien déclaré auprès des autorités fiscales (point 2 b).

L'ITM n'est pas compétente en ce qui concerne le res-pect des règles relatives au droit d'établissement et ne

peut dès lors pas sanctionner l'employeur qui recrute des salariés, alors qu'il ne dispose pas d'une au-to-risation d'établissement, l'indépendant qui ne dispose pas d'une autorisation ou la personne qui a recours à des indépendants ou des entreprises qui ne disposent pas d'une autorisation d'établissement.

Le contrôle des règles relatives au droit d'établis-sement relève de la compétence de l'Administration des douanes et accises et de la Police grand-ducale.

À noter également que le travail clandestin ou commu-nément appelé « travail au noir » consiste à exercer en tant que personne physique ou morale une activité non occasionnelle et rémunérée pour le compte d'une telle personne en violation de la législation en matière de droit d'établissement, de sécurité sociale, de droit du travail et du droit fiscal.

Il s'ensuit que le « travail au noir » a des conséquences néfastes sur les institutions sociales, sur l'impôt, la sé-curité dans les entreprises, sur le droit d'établissement, sur la formation professionnelle ainsi que sur les consommateurs.

Le contrôle en matière de « travail au noir » relève dès lors de la compétence de l'Administration des douanes et accises, de la Police grand-ducale, des instances de la sécurité sociale, de l'Inspection du travail et des mines et des institutions fiscales.

À noter également qu'en cas de plainte en matière de travail clandestin, l'ITM effectue un contrôle en matière de conditions de travail et de sécurité et santé au tra-vail.

Au cours des trois dernières années, l'ITM a effectué les contrôles suivants en matière de travail clandestin :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlemen-taire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

ad 3) Un accroissement du nombre des inspecteurs du travail permettrait à l'ITM de renforcer les contrôles en matière de conditions de travail et de sécurité et santé au travail et plus particulièrement en matière de travail clandestin.

À noter toutefois, que le contrôle en matière de « tra-vail au noir » relève également de la compétence de l'Administration des douanes et accises, de la Police grand-ducale, des instances de la sécurité sociale et des institutions fiscales.

**Installation d'un hélicoptère dans l'enceinte d'un hô-tel** | Question 6473 (12/07/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Wéi et eis zu Ouere komm ass, krut de Luxushotel „Château d'Urselt“, geleeën zu Ischpelt an der Gemeng Klierf, eng Geneemegung, fir en Heliport installéieren a bedreiwen ze kënnen. Ugefrot sinn anscheinend 104 Start/Landungen d'Joer, dat wären dann zwou Beweegungen d'Woch, mee dat ass wuel nach ausbaubar.

Et stellen sech hei allerdéngs eng Rei Problemer: Den Hotel, also och den Heliport, leie maten an der Agglomération, tëschent de Wunnhaier, ausser-deem an der Flugschneis vu geschützte Vullenaarten. D'Awunner sinn net frou, en Biergerinitiativ gouf scho gegrënnt, an d'Autoritéiten (Gemeng, Minis-tère) halen sech bedeckt.

De lokale Fierschter huet anscheinend en negativen Avis ofginn an et gouf och eng Etude iwwert de Ka-méidi gemaach. Et ginn Haiser, déi net emol 100 m vum Heliport ewech sinn, dobäi dierft jo iwwert be-wunnte Gebidder guer net esou niddereg geflu ginn. An enger Gemeng, déi sech als „Cittaslow“ bezechent an och dem Klimapakt bäigetrueden ass, missten esou Awänn am Fong Gehéier fannen.



An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Mobilitéit, Kultur, Interieur a fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, datt fir de Projet vum Heliport an der Enceinte vum Château d'Urselt all déi néideg Geneemegunge virleien? Wa jo, wéi ass dat ze justifizéieren? Wann nee, wéi eng stinn nach aus, a firwat?
2. Wat ass d'Positioun vum Inneministère, wat den Affichage vun der Baugeneemegung ugeet? Muss déi ausgehaange ginn?
3. Ass fir dës Projet net eng Kommodo-Inkommodo-Autorisatioun erfuerderlech? Wa jo, wéi ass et ëm dës Prozedur bestallt?
4. Ginn et offiziell Avise vum Ëmweltministère, vum Inneministère a vum Kulturministère (Sites et monuments) zu dësem Projet?
5. Stëmmt et, datt och de Weekend geflu soll ginn?
6. Stëmmt et, datt d'Demande vun Air Rescue, fir eventuell vu Klierf aus ze operéieren, ofgeleent gouf a wat sinn dann d'Grënn, fir e private Projet wéi dësen ze geneemegen?

**Réponse** (22/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. D'Direction de l'aviation civile (DAC) huet bis well nach keng Autorisatioun erausginn, fir en Heliport zu Ischpelt (Gemeng Klierf) ze bedriewen.

Eng Betribslizenz ka vun der DAC nëmmen dann ausgestallt ginn, nodeems eng Iwwerpräiwung op der Plaz vun der Konformitéit vun de gebauten Infrastrukture stattfonnt huet, souwéi vun der Aariichtung an Ëmsetzung vun de Bestëmmungen no de gesetzlechen a reglementaresche Viraussetzungen a Verflechtungen.

D'DAC kann och nëmmen d'Sécherheets- an d'Sûretés- aspekter vun der ziviller Loftfaartinfrastruktur kommentéieren an net d'Ëmweltaspekter. Et sief awer bemierkt, datt de Projet keng Geneemegungen no Ëmweltlegislatioun braucht.

Eng Baugeneemegung vun der Gemeng muss ëmmer virleien, ier mat den Aarbechten dierf ugefaange ginn. Souwäit den Inneministère informéiert ass, ass d'Baugeneemegung fir den Heliport an der Enceinte vum Château d'Urselt vun der Gemeng ausgestallt ginn. Wat d'Ausstelle vun der Baugeneemegung ubelaangt, ass de Buergermeeschter juristesches gesinn dozou verflücht, dës ze ginn, wann de Projet vum Heliport konform ass zum allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng.

ad 2. Den Artikel 37 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain gesäit vir, dass den Zertifikat vum Buergermeeschter, dee bestätegt, dass de geplangte Bau de Sujet vu senger Geneemegung war, muss vum Bauhär an der Ëmgegend vum Chantier ausgehaange ginn, an zwar sou, datt e fir interesséiert Persounen vum ëffentlechen Raum aus gutt siichtbar a lieserlech ass.

An dësem Zertifikat steet, dass de Public während der Period, an där e géint d'Baugeneemegung geriichtlech ka virgoen, d'Recht huet, fir déi betreffend Pläng, déi en Deel vun der Baugeneemegung ausmaachen, am Gemengenshaus ze consultéieren. D'Informatioun iwwert d'Ausstelle vun der Baugeneemegung gëtt och, sou wéi et am uewe genannte Gesetz vum 19. Juli 2004 virgesinn ass, op der Internetsäit vun der Gemeng publizéiert.

D'Period, fir e Recours virum Verwaltungsgeriicht ze maachen, fänkt den Dag vum Affichage vum Zertifikat un.

ad 3. Nee, esou eng Geneemegung ass net erfuerderlech.

ad 4. D'Kulturministesch muss bei Transformatione vu klasséierte Gebaier ëm eng Autorisatioun gefrot ginn, déi awer refuséiert ka ginn, wann den Impakt op d'Bausubstanz ze grouss ass. An dësem konkrete Fall gëtt et op d'Bausubstanz keen Impakt, well aus engem Parking fir Autoen eng Landefläch soll gemaach ginn. D'Denkmalsschutzkommissioun huet dann och e positiven Avis zum Projet aus der Perspektiv vum Denkmalschutz ginn an d'Kulturministesch huet sech dësem Avis an hirer Autorisatioun ugeschloss.

Am Kader vum Gesetz vum 15. Mee 2018 iwwert d'Ëmweltimpakter vu bestëmmte Projeten, gouf am Hierscht 2021 fir de Projet e „Screening“-Dossier eragereecht. An esou engem Dossier mussen déi néideg Informatiounen enthalen sinn, fir dass dee fir Ëmwelt zustänneg Minister eng Decisioun kann huelen, ob eng Etude iwwert d'Ëmweltimpakter muss gemaach ginn. An deem Dossier ass ënnert anerem eng Etude zum Kaméidisimpakt duerch de Betrib vum Heliport dran. Am Januar 2022 ass op Basis vun de virleien Informatiounen decidéiert ginn, datt sou eng Etude iwwert den Ëmweltimpakt net misst gemaach ginn.

D'Ausstelle vu Baugeneemegungen ass eng Kompetenz vum Buergermeeschter. Et ass net virgesinn, datt den Inneminister Avisen dozou ofgëtt.

ad 5. D'Informatiounen am „Screening“-Dossier, deen an der Äntwert op d'Fro 4 ernimmt ass, schléissen dat net aus.

ad 6. De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten huet weeder Kenntniss vum engem Projet oder enger Ufro an dem Zesummenhang vun der LAR, nach vun engem Refus.

### Mise en place d'un simulateur de calcul de pension | Question 6481 (14/07/2022) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)

Selon des informations issues du rapport d'activité 2021 de l'Ombudsman, un nombre non négligeable de personnes demandent régulièrement des estimations du montant de leur pension de vieillesse. Au regret des concernés, la Caisse nationale d'assurance pension – CNAP – n'effectue par contre pas d'estimation avant l'âge de 55. Or, la CNAP travaillerait activement à la mise en place d'un simulateur de calcul de pension, via le site MyGuichet.lu, permettant aux assurés d'effectuer leur propre simulation à n'importe quel moment.

Sachant que certains de nos voisins européens offrent déjà un service d'estimation personnalisé du montant de la pension de vieillesse/retraite en fonction de différents facteurs à déterminer, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail et de la Sécurité sociale :

– Monsieur le Ministre, quand sera mis en place le système personnalisé de la simulation de calcul de pension ?

– Quand la simulation sera-t-elle opérationnelle sur le site MyGuichet.lu ?

**Réponse** (16/09/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

La Caisse nationale d'assurance pension (CNAP) constate en effet une augmentation continue du nombre de demandes de renseignements au sujet de la date de l'ouverture du droit et du montant de la pension. Son

rapport annuel fait état d'un nombre croissant de telles demandes de renseignements au cours des trois dernières années et le travail quotidien de la CNAP est très impacté par cette croissance étant donné qu'une analyse approfondie du dossier est requise pour pouvoir répondre à ces demandes.

Vu la dynamique du marché de travail luxembourgeois, comportant une mobilité internationale très importante et atypique au niveau de l'Union européenne, il y a un nombre croissant d'assurés disposant d'une carrière mixte, c'est-à-dire qui ont poursuivi une activité au Luxembourg et en-dehors des régimes de pension luxembourgeois (58 % des bénéficiaires de pension en 2021). Ces dernières périodes doivent néanmoins être prises en considération lors de la détermination de la date de l'ouverture du droit à la pension et du montant de celle-ci, ceci en vertu de la réglementation européenne ou des conventions bilatérales applicables.

Dès lors, la reconstitution de la carrière de l'assuré constitue une étape certes chronophage, mais incontournable pour que la CNAP puisse fournir une date d'ouverture du droit à la pension et une estimation du montant de la pension avec un degré de fiabilité élevé permettant à l'assuré de prendre les décisions au sujet de sa retraite en âme et conscience.

Il est évident que la fourniture d'un tel service d'estimation ou de simulation d'une pension future ne peut pas revêtir un grand degré de fiabilité pour un jeune assuré loin de la date de sa retraite. Jusqu'à présent, la CNAP a dès lors limité ses estimations aux assurés âgés de plus de 55 ans, un âge où la carrière d'assurance est le plus souvent bien consolidée. Il s'agit de ne pas induire en erreur les assurés demandeurs d'une estimation dont les paramètres de calcul ne peuvent ni refléter l'évolution future de leur carrière d'assurance ni même prendre en compte la panoplie des périodes d'activités professionnelles pas encore enregistrées dans la carrière de l'assuré (p. ex. une activité dans un autre pays ou au sein d'une organisation internationale). La plateforme MyGuichet donne désormais l'opportunité aux administrations luxembourgeoises de fournir à l'assuré non seulement un espace personnel authentifié dans lequel des données pertinentes peuvent être rendues accessibles, mais elle permet en outre à la CNAP de fournir une estimation de pension ou un simulateur de pension sur base de ces mêmes données enregistrées dans la carrière de l'assuré, en toute transparence.

Bien que des travaux pour une telle fourniture de données et la mise à disposition d'un simulateur de pension sur MyGuichet aient été entamés, ceux-ci ne sont pas encore achevés. Ce projet est tributaire d'autres projets de modernisation et de digitalisation au sein de la CNAP qui permettent de simplifier et d'accélérer les procédures afin de pouvoir accomplir les tâches principales de la CNAP permettant une gestion adéquate des prestations de pension payées à quelque 200.000 bénéficiaires et de l'instruction du nombre toujours croissant de demandes de pension imminentes (plus de 20.000 pendant l'année 2021). Une date précise pour l'achèvement de ce projet n'est donc pas encore disponible.

La CNAP est néanmoins consciente que bon nombre d'assurés pourraient bénéficier d'une meilleure appréciation de l'impact sur leur pension des choix qu'ils sont amenés à faire au cours de leur vie active, notamment lorsqu'un changement du rythme de travail est pris en considération. Parallèlement à la mise en place d'un estimateur/simulateur personnalisé sur MyGuichet, l'enjeu pour la CNAP est donc de rendre plus intelligible le rôle des différents paramètres pouvant influencer le calcul de la pension. Elle a l'intention d'inclure de telles informations plus aisément compréhensibles sur son nouveau site internet qui est attendu au printemps 2023.

**Incendies de la forêt suite aux températures élevées et à la sécheresse | Question 6491 (14/07/2022) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**

Les températures élevées et la sécheresse sont à la source d'incendies de la forêt un peu partout en Europe. Ainsi, 2022 pourrait devenir une année d'un triste record. Même si les feux de forêt sont plutôt rares au Luxembourg, vu la situation météorologique et le réchauffement climatique, les risques augmentent, des mesures préventives et d'action sont de mise.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et à Madame la Ministre de l'Intérieur :

- Quel est le nombre de feux de forêt recensés au Luxembourg endéans les cinq dernières années ?
- Quelle est l'étendue des hectares brûlés ?
- Y a-t-il des zones à risque plus élevé et font-elles l'objet d'une surveillance accrue ?
- Quelles sont en général les mesures de prévention pour éviter ces feux dévastateurs ?
- Nos services de secours et autres disposent-ils de l'équipement nécessaire pour l'endiguement de ces flux et quelle est la nature de ces équipements ?
- Existe-t-il des accords de coopération avec d'autres pays dans ce domaine précis ?

**Réponse (15/09/2022) de Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur | Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

En 2019, le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) s'est doté d'une nouvelle méthode standardisée pour recenser les feux de végétation. Ainsi, les chiffres ne peuvent être comparés aux chiffres d'avant 2019.

Depuis le 1<sup>er</sup> janvier 2019, 245 feux de végétation ont été recensés au Luxembourg :

- 2019 : 73
- 2020 : 83
- 2021 : 30
- 2022 (jusqu'au 13/09) : 145

La plupart de ces feux de végétation se limitent à quelques ares ou un à deux hectares au maximum. Les plus grands feux se sont étendus à des surfaces de moins de 15 hectares.

Partout au Luxembourg, il existe un risque fondamental de feu de végétation, surtout là où il y a une forte activité humaine. Dans le nord du pays, le risque est légèrement plus élevé en raison de la présence d'un paysage forestier continu et d'une surface agricole plus importante. Comme l'ensemble du pays est concerné, il n'est pas possible d'effectuer une surveillance spécifique. Toutefois, les efforts du CGDIS se concentrent sur l'ensemble du pays.

Dans la plupart des cas, l'activité humaine est à l'origine des feux de végétation, soit par inattention (jeter des cigarettes, faire un barbecue dans la nature ou allumer un feu ouvert), soit par les travaux agricoles (ceci est surtout le motif des incendies dans les champs). L'aspect le plus important en matière de prévention consiste donc dans la sensibilisation et la responsabilisation de la population et du monde agricole. Ainsi, le CGDIS avait diffusé mi-juillet 2022, après que le risque de feu de végétation a augmenté au Luxembourg, un communiqué de sécurité à la presse et sur les médias sociaux.

Par ailleurs, une forêt mixte bien entretenue avec des accès pour les véhicules de pompiers est un garant

pour une forêt résiliente face au risque d'incendie. Le CGDIS travaille en étroite collaboration avec les autres administrations compétentes sur ce sujet.

Chaque fourgon d'incendie dispose d'équipements permettant d'attaquer un feu de végétation. En outre, la majorité des véhicules ont été équipés ces dernières années de matériel d'intervention spécifique (p. ex. sac à dos d'extinction pour pouvoir éteindre les incendies dans des endroits qui sont difficile à atteindre). En outre, le CGDIS dispose de six camions-citernes feux de forêt (« Tanklöschfahrzeuge-Waldbrand » TLF-W) et d'un camion-citerne grande capacité (« Großtanklöschfahrzeug » GTLF), spécialement conçus pour les interventions sur les feux de végétation. D'autres acquisitions de véhicules et de matériel spécifiques sont prévues dans les années à venir.

Le Luxembourg a conclu des accords bilatéraux avec ses trois pays voisins afin de se soutenir mutuellement en matière de sécurité civile en cas d'un sinistre majeur. C'est ainsi que les équipes du CGDIS sont intervenues en 2021 en Allemagne et en Belgique après les graves intempéries. Dans ce cadre légal, un soutien mutuel bilatéral en cas de grands feux de végétation serait donc possible et envisageable. En 2019, par exemple, les pompiers luxembourgeois et français ont déjà éteint ensemble un incendie de grande envergure, du côté français juste derrière la frontière d'Ottange.

En outre, en cas de situation exceptionnelle, le mécanisme européen de protection civile permettrait de recourir à des modules internationaux standardisés dans le domaine de la lutte contre les feux de végétation. Cependant, cela concerne, en raison des délais, surtout les « mégafeux », c'est-à-dire les énormes incendies de forêt qui ne sont pratiquement plus contrôlables et qui durent des jours, voire des semaines. De tels incendies sont toutefois moins probables au Luxembourg, car il n'existe tout simplement pas d'aussi grandes zones forestières contiguës qu'à l'étranger.

C'est pourquoi la coopération bilatérale a plus de sens pour le Luxembourg en premier lieu, car elle fonctionne plus rapidement et de manière plus réactive et permet de mobiliser des moyens de lutte contre les incendies supplémentaires en très peu de temps.

Le CGDIS coopère actuellement déjà fortement avec les pays voisins, surtout au niveau de la formation et de l'échange d'expériences, et également au niveau des groupes de travail de l'UE ou de différentes associations internationales de sapeurs-pompiers.

**Enseignement presté par les maîtres d'enseignement dans la formation professionnelle | Question 6499 (19/07/2022) de Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)**

Les maîtres.ses d'enseignement de la formation professionnelle bénéficient tous.toutes d'une expérience professionnelle dans un domaine spécifique de l'artisanat. Pourtant, il arriverait que certain.e.s maîtres.ses n'enseignent pas forcément le métier d'artisan qu'ils.elles ont appris et exercé eux.elles-mêmes.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale :

- 1) Combien de maîtres d'enseignement enseignent actuellement un métier qu'ils n'ont pas appris ni pratiqué ?
- 2) Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis que de telles conditions d'enseignement nuisent à la qualité de l'enseignement et de l'apprentissage professionnels entraînant d'office une dévalorisation de l'artisanat ?
- 3) Dans la mesure où les maîtres.ses d'enseignement n'enseigneraient pas systématiquement le métier

qu'ils.elles ont eux.elles-mêmes appris et pratiqué, comment Monsieur le Ministre peut-il justifier que dans le cadre de l'examen de recrutement le.la candidat.e à l'enseignement de maîtrise doive faire valoir son brevet de maîtrise en lien avec sa spécialité ?

**Réponse (21/09/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

ad 1) Les modules de la formation professionnelle sont conçus d'après des compétences. Ces compétences se retrouvent normalement dans la formation de plusieurs métiers différents. Les maîtres d'enseignement peuvent donc enseigner dans un certain nombre de formations, voire dans un ou plusieurs métiers présentant des domaines connexes/une spécialité connexe et dont les parcours sont similaires. L'évaluation des apprentissages dans ces modules est faite de façon continue et porte sur les compétences conformément à l'article 33 de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle.

En outre, il incombe aux lycées dans le cadre de leur autonomie, de confier l'enseignement des modules aux maîtres d'enseignement pouvant se prévaloir de la formation et de l'expérience appropriées.

ad 2) Au vu de ce qui précède, aucune dévalorisation de la qualité des formations n'est à craindre.

ad 3) Il est vrai que les conditions générales et spécifiques d'admission à la fonction de maître d'enseignement sont fixées par la loi. Ces conditions servent à fixer les critères d'admission aux différentes fonctions d'enseignant et ne préjugent en rien les qualités et compétences acquises par les maîtres d'enseignement.

**Congé sportif | Question 6521 (21/07/2022) de M. Mars Di Bartolomeo | M. Dan Biancalana (LSAP)**

Actuellement différents clubs sportifs, notamment de football, participent à des rencontres internationales en vue de se qualifier pour des compétitions telles que la Champions League ou l'Europa League. Ce qui n'est pas sans poser des difficultés tant pour les joueurs non professionnels que pour les encadrants bénévoles. Dans ce cadre, nous souhaiterions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Sports :

– Tout en saluant les efforts en cours afin de réformer le dispositif du congé sportif, de quels moyens dispose actuellement le Gouvernement afin de soutenir les clubs de fédérations agréées engagés dans des compétitions internationales ? Quelle aide peut leur être apportée en termes d'infrastructure ?

– Comment sont soutenus les bénévoles qui participent à l'organisation des rencontres en question ?

**Réponse (13/09/2022) de M. Georges Engel, Ministre des Sports**

Les honorables Députés s'enquière du soutien que le Gouvernement, et plus précisément le Ministère des Sports, apporte actuellement aux clubs sportifs des fédérations sportives agréées participant à des compétitions européennes. En principe, le Ministère des Sports accorde un subside extraordinaire aux clubs sportifs participant aux compétitions européennes sur base d'un décompte détaillé des frais liés à la participation, y compris d'éventuels frais de location d'infrastructures, et prenant en compte de possibles subides des fédérations européennes. En sus, les différents clubs sportifs se voient accorder, le cas échéant, une aide financière en fonction des résultats réalisés dans les compétitions européennes.

La réglementation en matière de congé sportif ne prévoit actuellement pas l'octroi de congé sportif



pour les bénévoles et les sportifs licenciés dans le contexte des rencontres européennes des clubs sportifs en question. Ceci est précisément un des objets du projet de loi n° 7955 ayant notamment pour but d'élargir le champ d'application de la législation en matière d'octroi du congé sportif.

**Familles d'accueil | Question 6524 (21/07/2022) de Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)**

Als Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 3676 am Joer 2018 huet den Här Minister fir Educatioun, Kandheet a Jugend matgedeelt, datt 1.085 Kanner zu Lëtzebuerg hu misse placéiert ginn, dovunner 539 Kanner an enger Fleegefamill a 546 an engem Foyer. Dobäi ass allgemeng unerkannt, datt d'Chancë fir ee Kand, als Erwuessenen autonom ze ginn, méi grouss sinn, wann et an eng Fleegefamill placéiert gëtt.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Här Minister fir Educatioun, Kandheet a Jugend folgend Froen stellen:

1. Wéi ass d'Evolutioun vun dësen Zuelen? Ass et nach ëmmer esou, datt méi Kanner an e Foyer komme wéi an eng Fleegefamill? A wéi ville Fäll huet d'Fleegefamill e Lien mat de biologeschen Elteren (well et zum Beispill d'Grousseltere sinn, déi d'Kand ophuelen)? A wéi ville Fäll gëtt d'Kand an eng komplett friem Famill placéiert?

2. Wéi ass déi duerchschnëttlech Zäit, déi ee Kand an enger Fleegefamill verbréngt an a wéi ville Fäll kann d'Kand, no enger gewëssener Zäit, erëm zeréck bei seng biologeschen Elteren wunne goen? Ginn et Fäll, wou esou ee Retour dono erëm muss réckgäנגeg gemaach ginn?

3. A verschiddenen Noutfäll, wa keng Famill disponibel ass, gi Kanner och mol fir eng Zäit an der Kannerklinik placéiert, bis datt eng Plaz fir si fonnt gëtt. Sinn de Moment Kanner an deem Fall a wat gëtt ënnerholl, fir dës Praxis an Zukunft kënnen ze evitéieren?

**Réponse (22/09/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice**

ad 1. Beim leschte Recensement (1. Oktober 2021) waren 1.299 Kanner ausserhalb vun hirem Doheem placéiert, dovunner waren der 772 an enger Institutioun a 527 an enger Fleegefamill. Am Duerchschnitt sinn d'Hallschent vun de Placementer a Fleegefamille bei enger Famill, déi ee Lien mat de biologeschen Elteren vum Kand huet.

ad 2. Placementer an enger Fleegefamill sinn, wéi all aner Placementer, duerch eng grouss Diversitéit u Cas-de-figures ausgezechent. Wärend verschidde Kanner fir kuerz Opehalter bei Fleegeeltere wunnen an dono dauerhaft bei hir biologeschen Elteren zeréckginn, bleiwen aner Kanner bis zu hirem 18. Gebuertsdag oder doriwwer eraus an der Fleegefamill. Eng Duerchschnittsdauer vun engem Placement kann dofir net pauschal determinéiert ginn, woubäi Laangzäitplacementer dominéieren, well déi biologesch Famillen Zäit brauchen, fir un hiren elterleche Kompetenzen a Ressourcen ze schaffen an hir Situatioun ze stabiliséieren.

Wann d'Kand rëm heemgoe soll, gëtt de Retour bei déi biologeschen Elteren dacks iwwer Méint intensiv virbereet an dofir sinn dës Retouren an den allermeeschte Fäll een Erfolleg.

ad 3. Vun de Kanner, déi 2019 bis August 2022 (Stand: 26.08.2022) a Spideeler placéiert goufen, sinn aktuell nach 3 Kanner am CHL placéiert. Et sinn der awer och 6 am CHNP, 2 am Service national de psychiatrie juvénile an 1 am CHEM placéiert. Et sief awer

präziséiert, datt de Jugendrichter just d'Spidol, wou de Placement soll exekutéiert ginn, designéiert, mee dem Spidol de Choix vum Service, an deem d'Kand soll opgeholl ginn, iwwerléisst.

Et sief och bemierkt, datt Kanner am Prinzip just an e Spidol placéiert ginn, wa se e medezinneschen Traitement brauchen, mee et effektiv wéinst Plazmangel an anere Strukture ka virkommen, datt d'Kand eng kuerz Period nom Schluss vum Traitement am Spidol bleift, bis datt eng Plaz an enger anerer adaptéierter Struktur fräigëtt.

**Impact des travaux de modernisation et d'extension des CFL sur le TGV | Question 6531 (22/07/2022) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**

Entre le 26 juillet et le 28 août, donc en pleine période de vacances, aucun TGV n'arrivera ni ne partira de la gare centrale Luxembourg suite au démarrage d'une nouvelle tranche importante des travaux de modernisation et d'extension.

Pendant cette période, les terminus seront Metz et Thionville.

– J'aimerais dès lors savoir de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics si des navettes de substitution seront mises en place entre Luxembourg et Metz et Thionville pour les passagers du TGV.

**Réponse (15/09/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

Des navettes de substitution, spécialement destinées aux clients du TGV, sont mises en place par les CFL durant la période des travaux sur le tronçon de ligne entre Luxembourg et Bettembourg du 16 juillet 2022 au 28 août 2022.

Ces navettes circulent de Luxembourg vers Thionville, respectivement Metz et vice-versa aux horaires repris ci-après :

*(document à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).*

**Retrait de la Russie de l'ISS | Question 6560 (27/07/2022) de Mme Octavie Modert (CSV)**

La Russie a annoncé mardi 26 juillet 2022, par la voix du nouveau chef de l'Agence spatiale russe (Roscosmos) Iouri Borissov, vouloir arrêter sa participation à la Station spatiale internationale (ISS) après 2024 pour poursuivre d'autres projets. Cette décision intervient sur fond de tensions russo-occidentales après l'agression russe en Ukraine. La NASA a affirmé ne pas encore avoir été notifié officiellement de ce retrait. La fin de la coopération avec la Russie sur l'ISS intervient entre autres après que l'Agence spatiale européenne (ESA) a annoncé mi-juillet mettre un terme à sa collaboration avec la Russie sur la mission Exo-Mars.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie :

– L'ISS est un modèle de coopération internationale réunissant l'Europe à travers l'ESA, le Japon, les États-Unis et la Russie. Est-ce que Monsieur le Ministre a déjà obtenu des informations de l'ESA concernant cette décision de la Russie ?

– Quelles sont les conséquences directes pour les projets luxembourgeois au sein de l'ESA ainsi que pour les entreprises luxembourgeoises participantes aux programmes de l'ESA ?

– L'ISS étant vieillissante, il avait été décidé de faire fonctionner la station jusqu'en 2030. Est-ce que le fait

que la Russie retire sa participation pourrait remettre en cause la durée de fonctionnement de la station, étant donné que la Russie est notamment chargée de maintenir l'ISS en orbite ? Quelles seraient les conséquences d'un démantèlement prématuré de l'ISS pour les projets de recherche en cours ?

– D'après la presse étrangère, les sanctions occidentales prises contre la Russie après l'agression russe en Ukraine toucheraient en partie l'industrie aérospatiale russe et pourraient avoir des effets pour l'ISS, notamment au niveau du ravitaillement. Est-ce que Monsieur le Ministre peut expliquer en quoi les sanctions occidentales prises contre la Russie pourraient avoir des effets pour l'ISS ?

**Réponse (14/09/2022) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie**

À ce jour, Roscosmos n'a pas encore envoyé de courrier officiel concernant un futur retrait russe de la Station spatiale internationale (ISS) à ses partenaires de l'ISS. Dans ce contexte, l'ESA n'a pas communiqué avec ses pays membres concernant cette annonce de la Russie.

D'après la déclaration du 26 juillet 2022 de Iouri Borissov, nouveau directeur de l'agence spatiale russe, Roscosmos se retirerait « après 2024 ». Mais aucune date précise n'est indiquée. Il a été précisé dans un communiqué de presse ultérieur que Roscosmos se retirerait de l'ISS lorsque sa nouvelle station spatiale ROSS (Russian Orbital Service Station) serait opérationnelle. Or, celle-ci est actuellement en phase d'étude. Selon Roscosmos, ROSS ne devrait pas être opérationnelle avant 2028.

Il y a lieu de relever que l'accord de collaboration de l'ISS (IGA – International space station legal framework) n'a pas de date de fin officielle. Cependant, les pays qui y adhèrent ont l'obligation d'informer leurs partenaires un an à l'avance, avant de mettre fin à une éventuelle coopération.

Pour l'instant, aucune conséquence directe concrète de la déclaration de Monsieur Borissov n'a été observée puisqu'aucune date précise n'a été arrêtée pour la fin de la collaboration avec Roscosmos. Sauf revirement dans le contexte avec la guerre en Ukraine, le partenariat dans son ensemble pourrait donc se poursuivre avec l'extension de l'ISS jusqu'en 2030. Aucun démantèlement prématuré de la station n'est envisagé et malgré les restrictions, le ravitaillement n'est pas affecté pour l'instant à notre connaissance. Il en va de même pour les projets luxembourgeois au sein de l'ESA ainsi que pour les entreprises luxembourgeoises qui participent aux programmes de l'ESA.

Modèle de coopération internationale réunissant l'Europe à travers l'ESA, le Japon, les États-Unis et la Russie, l'ISS a commencé à être assemblée en 1998.

**Autorisations des hélicoptères de la Police grand-ducale | Question 6562 (27/07/2022) de M. Fernand Kartheiser | M. Fred Keup (ADR)**

Beim Asaz vun de Poliehelioptere bestinn – eiser Meinung no – eng ganz Rei Mësstänn. Ee vun deene Mësstänn ass, datt d'Police hir Helikopteren net esou däerf notzen, datt si op eng effikass Manéier hirer Aarbecht kéint ngoen. Nieft de bekannte Problemer, datt z. B. d'Beamten – notamment och déi vun der USP – net voll equipéiert mat den Helikopteren op d'Plaz bruecht kënnen ginn, fir séier ze intervenéieren, wëlle mir op eng weider Problematik hiweisen.

D'Polieheliopteren hu just dann eng Autorisatioun, fir däerfen op engem Gebitt, wat net zum Flughafen gehéiert, ze landen, wann eng akut Liewensgefahr besteet. Dës Voraussetzung schränkt awer

d'Méiglechteken, fir effizient kënnen géint kriminell Aktivitéiten an/oder organiséiert Kriminalitéit virzegoen, an engem ganz héije Mooss an.

Wann d'Police z. B. Informatiounen zougedroe kritt, datt zu engem bestëmmten Zäitpunkt am Land eng Tankstell oder eng Bank soll iwwerfall ginn, däerf e Policehelikopter sech net eemol präventiv op enger no geleeder Plaz stationéieren, fir an deem Fall direkt asazbereet ze sinn. Wann et dann zu engem Asaz kënn, verléiert de Policehelikopter dacks wäertvoll Zäit, fir kënnen op déi betreffend Plaz ze kommen. Et geet hei dacks ëm Minutten, déi deenen Onéierlechen an d'Kaarte spillen, fir sech kënnen ofzesetzen, esou datt eng Verfolgung aus der Loft iwwerhaapt net méi méiglech ass.

Bemierkenswäert ass an deem Kontext, datt all eis Nopeschlänner op déi uewe beschriwwene Méiglechteken, fir z. B. de Policehelikopter präventiv ze stationéieren, kënnen zeréckgräifen – eleng Lëtzebuerg net!

An deem Kontext hätt mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze veräntwerten, datt Lëtzebuerg fir vill Suen déi neisten a modernsten Helikoptere keeft (op den Arméibudget, mee fir de Gebrauch vun der Police) an dës mat héijem Opwand ënnerhält, fir op där anerer Säit d'Befugnisser vun der Helikopterstaffel vun der Police esou anzuschranken, datt si net op eng effikass Manéier kann hirer Aarbecht nogoen?

2. Wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze veräntwerten, datt e Policehelikopter just dann däerf landen, wann eng akut Liewensgefor besteet? Dës schléissst jo aus, datt d'Police, wéi uewe beschriwwen, hir Helikoptere scho präventiv stationéiert, fir esou méi effikass géint kriminell Aktivitéite kënnen virzegoen. Wéi ass hei d'Positioun vun der Regierung?

3. Goufen et bis dato scho Gespréicher tëscht der Direktioun vun der Police an dem Här Policeminister zu där Thematik?

4. Wat wëllt den Här Minister elo konkret ënnerhuelen, fir deenen uewe beschriwwene Mëssstänn, déi jo e massiven negativen Afloss op d'Sécherheet vum Land hunn, entgéintzewierken? Wéi eng Léisung proposéiert den Här Minister an a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun deene Léisung gerechent ginn?

**Réponse (13/09/2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure | M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

ad 1. Am Oktober 2020 ass eng legislativ Prozedur initiéiert gi mam Zil, der Supervisioun vun der Aviation étatique eng legal Basis ze ginn. Dës ëmfaasst „d'Loftaktivitéite vu staatleche Fligere, déi dem Staat gehéieren oder zur Verfügung gestallt sinn an exklusiv op Missiounen vun öffentliche Interessi zougewise sinn“. Dozou gehéieren zum Beispill d'Loftaktivitéite vun der Police grand-ducale.

Et gëllt hei op d'Bestëmmunge vum Gesetzprojet 7680 ze verweisen, fir deen de Staatsrot de 14. Juni 2022 säin zousätzlechen Avis ginn huet.

D'Ausschaffe vun enger legaler Basis ass eng Viraussetzung fir all Encadrement an Aménagement vun den Aktivitéite vun enger Aviation étatique. Dës legal Basis soll op d'Besoinen vun der Police zugeschnitten sinn, ouni den Niveau vun der Sécherheet vun der ziviller Loftfaart ze beaflossen. Aktuell sinn déi eenzeg applicabel Reegelen déi allgemeng Reegelen vum internationaler ziviller Loftfaart nom Artikel 1 vum modifizéierte Gesetz vum 31. Januar 1948 „relative à la réglementation de la navigation aérienne“.

ad 2. Am Moment huet d'Police eng permanent Autorisatioun, fir ausserhalb vum Fluchhafen ze landen an ze starten, déi den Normen vun der ziviller Loftfaart ënnerläit. Dës Landungen oder Departee sinn aus Fluchsécherheetsgrënn op e strikt noutwennege Minimum reduzéiert. Eng Landung an e Start „Off-Airport“ sinn aussergewöhnlech Loftverkéiermanöver weinst dem méi héije Risikoniveau.

D'Landungen an d'Starten ausserhalb vum Fluchhafen oder engem Fluchfeld si rechtméisseg am Fall vun enger bewiesener oder erwaarter Gefor (z. B. fir d'Liewe vun enger Persoun), wéi och fir den Training am Zesummenhang mat esou Operatiounen. Dës Landeplazen an hir Ëmgéigend mussen eng gewëssen Unzuel u Critèren erfëllen, déi d'Sécherheet souwuel vun Drëtten um Terrain, wéi och vun de Leit an den Helikoptere garantéieren. Si mussen fräi si vun all Objet, dee méiglecherweis duerch de Loftrock vun de Rotoren opgehewe kéint ginn (zum Beispill den Iwwerdaach vun den Tankstellen asw.).

Mat der zukünftiger Adoptioun vum Gesetzprojet N° 7680 existéiert och eng gesetzlech Basis, fir déi spezifesch Besoinen vun der Police grand-ducale a Saache Landung ausserhalb vum Fluchhafen oder engem Fluchfeld ze reegelen.

ad 3. D'Thematik vun de Landungen vun den Helikoptere gouf a verschiddene Reuniounen tëscht der Police an dem Ministère fir bannenzeg Sécherheet ugeschwat, fir eng zefriddestellend Léisung am Sënn vun der Sécherheet vum Land ze fannen.

De Minister fir bannenzeg Sécherheet ass awer net kompetent fir de legale Kader vun der Aviation. Dowéinst gëtt mat de kompetenten Acteuren zesumme geschafft, fir den néidege legale Kader en place ze setzen, deen der Police eng Notzung vun den Helikopteren am Kader vun de verschiddene Policemissiounen erlaube soll a gläichzäitig déi néideg Sécherheitsgarantié gëtt fir déi zivill Aviation.

ad 4. De Gesetzesprojet N° 7680 wäert déi gesetzlech Basis fir d'Aviation étatique am Grand-Duché duerstellen. Duerno ginn d'Loftfaartaktivitéite vun der Police um reglementareschen Niveau no hire spezifesch Besoinen gereegelt. Dësen Encadrement baséiert op permanentem Austausch tëscht dem Ministère fir bannenzeg Sécherheet, dem Ministère fir Mobilitéit an öffentliche Aarbechten, der Police grand-ducale an der Direction de l'aviation civile (DAC). De Minister fir Mobilitéit an öffentliche Aarbechte viséiert nach dës Joer, déi néideg Texter ze deposéieren, fir déi police-spezifesch Detailer unzegoen.

### Enseignement du luxembourgeois dans les écoles internationales publiques | Question 6563 (28/07/2022) de Mme Francine Cloesener (LSAP)

Am Konzept vun den öffentlichen internationale Schoule gëtt dem Lëtzebuergeschen eng bedeitend Roll zougeschriwwen. Besonnesch fir Schüler, deenen hir Mammesprooch net Lëtzebuergesch ass an deenen hir Familien sech méi dauerhaft zu Lëtzebuerg néierloossen, ass d'Leiere vum Lëtzebuergeschen an der Schoul immens wichteg. Fir d'Integratioun vun auslännesche Schüler ze vereinfachen, ass de Lëtzebuergeschunterricht an den öffentlichen internationale Schoule bis den Niveau S3 gesetzlech obligatoresch virgesinn. Bausse vun den internationale Schoulen ass d'Demande fir Lëtzebuergeschcoursen an de leschte Joren an d'Luucht gaangen. Ëmsou méi wichteg ass et, datt an den öffentlichen internationale Schoule vill Wäert op d'Lëtzebuergesch geluecht gëtt.

An dësem Kontext géif ech dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend gär folgend Froe stellen:

1. Wéi eng Roll spillt d'Lëtzebuergesch am Curriculum vun den öffentlichen internationale Schoulen?

2. Wéi vill Stonne pro Woch ass Lëtzebuergesch op de verschiddenen Niveaue an de besteenden internationale Schoulen déi lescht Joren enseignéiert ginn?

3. Gëtt et en eenheetleche Programm fir de Lëtzebuergeschunterricht vun de sechs verschiddenen öffentlichen internationale Schoulen?

4. Ass festgeluecht, op wéi eng Manéier Lëtzebuergesch enseignéiert gëtt an, ob et e Fokus op déi schréfflech oder déi geschwate Sprooch gëtt?

5. Ginn an de sechs Schoulen ënnerschiedlech Niveaue vu Lëtzebuergeschunterricht ugebueden?

6. Gëtt et ausserhalb vum Lëtzebuergeschunterricht Coursen, déi op Lëtzebuergesch enseignéiert ginn? Wa jo, wéi eng? Ass dat fir all öffentliche international Schoulen eenheetlech festgeluecht?

7. Gëtt de Lëtzebuergeschniveau vun de Schüler vun öffentlichen internationale Schoulen eenheetlech gemoss? Wéi gëtt den Niveau evaluéiert?

8. Wéi e Sproochenniveau erreicht e Schüler, dee vum P1 bis S3 an enger öffentlecher internationaler Schoul Lëtzebuergesch geléiert huet? Wéi e Sproochenniveau erreicht e Schüler, dee vum S1 bis S3 an enger öffentlecher internationaler Schoul Lëtzebuergesch geléiert huet?

9. Geet de Lëtzebuergeschniveau vun den öffentlichen internationale Schoule fir eng Befreiung vun de Sproochentester fir déi lëtzebuergesch Nationalitéit duer?

10. Ass den Niveau, deen enseignéiert gëtt, héich genuch, fir datt Schüler, déi decidéieren, eng Reorientatioun an de lëtzebuergesche System ze maachen, zum Beispill well se eng Berufsausbildung absolvéieren wëllen, sech do erëmfanne kënnen? Wéi gëtt den Iwwergang an esou engem Fall gereegelt?

11. Ass genuch Personal do, fir de Lëtzebuergeschunterricht ze assuréieren?

**Réponse (12/09/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

ad 1. An den europäesche Programmen ass den Enseignement vum Lëtzebuergeschen eigentlech net virgesinn. Allerdéngs gëtt d'Lëtzebuergesche Sprooch, mam Accord vun den europäeschen Institutiounen, an eisen öffentlichen agreeierten europäesche Schoulen an de Klasse P1 bis S3 als obligatoresch Fach enseignéiert, a vun S4 un als Optioun ugebueden.

ad 2. Souwuel am Primaire wéi och am Secondaire sinn zwou Unterrichtsunitéiten d'Woch fir den Enseignement vum Lëtzebuergesche virgesinn.

ad 3. Fir déi sechs öffentliche europäesch Schoule gëtt et e gemeinsame Programm, dee vun engem Aarbechtsgrupp vun der nationaler Programmkommission ausgeschafft gouf.

ad 4. De Lëtzebuergeschprogramm an deene sechs Schoule gesäit eng global Approche fir den Enseignement vun der Lëtzebuergesche Sprooch vir. Am Primaire gëtt den Akzent op dat Mëndlecht geluecht. Am Secondaire ginn déi schréfflech Kompetenze verstärkt ugaangen. De Programm gëtt wuel pedagogesch an didaktesch Indicatiounen, deenen den Enseignant nokomme muss, léisst dem Enseignant awer och e gewësse Fräiraum. Ausserdeem gëtt de Programm un, wéi eng Kompetenz viséiert sinn, a wat d'Objektiver vum Cours sinn.

ad 5. Bannent dem Kader, dee virgesinn ass, hunn déi sechs Schoulen eng änlech Approche: An all



Schoul gëtt d'Lëtzebuergesch op eng differenziéiert Aart a Weis enseignéiert, woubäi dem sproochlechen Niveau vun all Schüler Rechnung gedroe gëtt.

ad 6. Ofgesi vum Lëtzebuergesch ass d'Lëtzebuurger Sprooch och Langue véhiculaire an anere Coursen, virun allem am Sport. Sou kann d'Sprooch a konkreete Situatiounen praktesch ugewant ginn.

ad 7. Déi evaluéiert Kompetenzen baséieren sech an éischter Linn op de Gemeinsamen europäesche Referenzkader fir Sproochen (Cadre européen commun de référence pour les langues, CECR). De Programm leet d'Modalitéite fest, no deene bewäert gëtt.

ad 8. Ee Schüler, deen an enger ëffentlecher europäescher Schoul scolariséiert war, huet am Prinzip den Niveau B1 vum Gemeinsamen europäesche Referenzkader fir Sproochen erreecht, wann e seng S3 ofschléisst.

ad 9. Den Niveau am Lëtzebuergesch, deen um Enn vun enger S3 erreecht ass, dispenséiert net vum Sproochentest, dee verlaangt ass, fir d'Lëtzebuurger Nationalitéit kënnen unzefroen.

ad 10. Am Kader vun enger Reorientatioun gëtt besonnesch op d'Sproochekenntnisser geuecht, déi fir déi viséiert Filière noutwendeg sinn, an der Reegel Däitsch a Franséisch.

Well d'Lëtzebuergesch keng sougenannte „langue véhiculaire“ oder „langue d'enseignement“ ass, spilt den Niveau, deen d'Schüler am Lëtzebuergesch erreechen, bei enger eventueller Reorientatioun keng Roll. Doderch, datt de Schüler d'Lëtzebuurger Sprooch am europäesche System geléiert huet, kann hien sech awer méi einfach a seng nei Schoul integréieren.

Well et sech hei ëm ëffentlech Schoulen handelt, gëlle fir d'Reorientatioun déi selwecht Prozedure wéi an deenen anere Schoulen.

ad 11. All d'Posten, déi fir den Enseignement vun der Lëtzebuurger Sprooch gebraucht ginn, si besat, souwuel am Primaire wéi och am Secondaire.

#### Plan d'action national de promotion de l'agriculture biologique | Question 6565 (28/07/2022) de M. François Benoy (déi gréng)

Le plan d'action national de promotion de l'agriculture biologique (PAN-Bio), lancé début 2020, a pour objectif de « faire passer la proportion de terres cultivées biologiquement au Luxembourg à 20 % d'ici 2025 afin de contribuer à l'orientation verte de la politique européenne au Luxembourg ». Le PAN-Bio comprend 30 mesures à mettre en œuvre en vue d'atteindre l'objectif précité.

Dans ce contexte, je me permets de poser à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural les questions suivantes sur la mise en œuvre des mesures du PAN-Bio :

1) Combien de hectares de surfaces agricoles ont été en conversion vers l'agriculture biologique en 2021 et 2022 ? Quelle incidence les hectares en conversion auront-ils sur le pourcentage de surfaces agricoles exploitées en agriculture biologique au Luxembourg ?

2) Le concept assurant l'application de la transversalité des connaissances et de l'interdisciplinarité (mesure 1-3) a-t-il déjà été mis en place ? Dans la négative, quel est l'état d'avancement des travaux ?

3) La mesure 2-6 qui a comme objectif d'orienter la politique d'achat des ministères a-t-elle déjà été mise en œuvre ?

4) Le recalcul et l'adaptation des primes (mesure 3-1) ont-ils été mis en œuvre ? La nouvelle loi concernant le

soutien au développement durable des zones rurales assurera-t-elle que l'agriculture biologique soit l'option la plus avantageuse en matière d'aides publiques ?

5) Le conseil agricole (mesure 3-6) a-t-il déjà été adapté ?

6) En ce qui concerne la mesure 4-5 concernant la promotion d'aliments biologiques dans la restauration collective, combien de projets pilotes ont été mis en place et l'analyse des résultats tire-t-elle un bilan positif ?

7) Quel est le montant du budget réalisé et consacré au PAN-Bio depuis son lancement ? Monsieur le Ministre peut-il fournir une ventilation des dépenses par mesure ?

**Réponse (22/09/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

ad 1) Surfaces en conversion en 2021 (au 31/12/2021) :

1<sup>re</sup> année de conversion : 1.171,10 ha  
2<sup>e</sup> et 3<sup>e</sup> année de conversion : 486,42 ha  
Total pour 2021 : 1.657,52 ha

Surfaces en conversion en 2022 (au 31/07/2022, donc recoupements avec les chiffres de 2021 !) :

1<sup>re</sup> année de conversion (exploitations ayant débuté la conversion entre le 01/08/2021 et le 31/07/2022) : 977,36 ha  
2<sup>e</sup> et 3<sup>e</sup> année de conversion au 31/07/2022 : 480,54 ha  
Total pour 2021 : 1.457,90 ha

Tous les chiffres concernent exclusivement les surfaces situées sur le territoire national. Étant donné que la décision de conversion de l'exploitation ne peut être prise que pour septembre 2022 afin de pouvoir bénéficier des primes pour l'agriculture biologique à partir de 2023 le nombre des exploitations voulant se lancer sur cette voie est actuellement encore inconnu.

ad 2) La mesure 1-3 du PANBio2025 fait partie de l'axe 1 (Dresser un état des lieux actuel de l'agriculture biologique au Luxembourg). Les trois mesures sont en forte relation pour donner une image sur cet état des lieux actuel de l'agriculture biologique au Luxembourg. Tout en sachant que déjà avant la mise en place du PANBio2025, le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural avec ses services avait déjà assuré cette transversalité des connaissances et l'interdisciplinarité des changements, des réunions internes ont eu lieu afin d'optimiser les flux des informations, les changements au niveau du cadre réglementaire national et européen de l'agriculture biologique ainsi qu'à propos de la coordination de projets de recherche et d'innovation. L'idée de base est de transmettre les dossiers bio d'une manière efficace et rapide aux services concernés.

ad 3) Dans le cadre du concept food4future, Restopolis a repris la philosophie respectivement les objectifs du PANBio2025. Dans la trajectoire à propos de produits bio du concept food4future pour l'année 2022, 11 % de produits bio étaient visés, au 31 mai 2022, 12,38 % de produits issus de l'agriculture biologique luxembourgeoise ont été atteints (cf. Question parlementaire n° 6372). À ce sujet, un échange entre la cantine CGFP et le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural est actuellement en cours.

ad 4) Le recalcul et l'adaptation des primes (mesure 3-1) ont été mis en œuvre en 2021. Le cumul de la prime « agriculture biologique » avec la grande majorité des autres primes agro-environnementales fait que l'agriculture biologique est la plus avantageuse en matière d'aides publiques.

Pour l'année culturale 2021, la prime pour l'agriculture biologique a été augmentée de façon conséquente.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Parallèlement, la compatibilité entre la prime pour l'agriculture biologique et les mesures agro-environnementales a été revue afin de permettre, dans le respect des règles existantes en la matière, un cumul des différentes mesures afin que la prime pour l'agriculture biologique et les cumuls possibles d'autres régimes soient toujours le scénario le plus favorable.

La nouvelle loi concernant le soutien au développement durable des zones rurales ainsi que les règlements grand-ducaux prévus pour la mise en œuvre de la loi vont respecter le principe du scénario le plus favorable pour le régime de l'agriculture biologique.

Le cumul des aides agro-environnementales ne peut pas dépasser le cumul des aides agro-environnementales et aides à l'agriculture biologique.

Dans ce contexte, il faut aussi considérer que toutes les surfaces des exploitations de l'agriculture biologique sont éligibles à l'aide pour l'agriculture biologique alors que les différentes mesures agro-environnementales ne s'appliquent que sur une partie des surfaces de l'exploitation conformément aux critères d'éligibilité définis par le régime.

ad 5) Avec l'aide d'un coach externe, le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural a rassemblé, en deux séances, les différentes organisations qui donnent des conseils agricoles au niveau national. Les sujets de l'interdisciplinarité et de la complémentarité, pour assurer une approche holistique pour l'accompagnement des exploitations agricoles, étaient d'une grande importance lors de ces échanges. Les organisations de conseils agricoles vont continuer dans cet esprit d'équipe tout en gardant leurs identités et structures spécifiques.

ad 6) Voir réponse au point 3 et les réponses aux questions parlementaires n° 6372 et n° 6594. Oui, le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural tire un bilan positif des projets pilotes. En bonne coopération (réunions sur place, analyse des états des lieux, formations adaptées aux besoins des acteurs dans les cantines), la part des produits issus de l'agriculture biologique nationale a été augmentée et les surcoûts ont été pris en charge par le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.

ad 7) (Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

#### Plateforme intergouvernementale scientifique et politique sur la biodiversité et les services écosystémiques (IPBES) | Question 6582 (01/08/2022) de M. Gusty Graas | M. Max Hahn (DP)

En date du 8 juillet dernier, la Plateforme intergouvernementale scientifique et politique sur la biodiversité et les services écosystémiques (IPBES) a présenté un nouveau rapport d'évaluation sur l'utilisation durable des espèces sauvages, qui arrive à la conclusion que l'humanité dépend d'environ 50.000 espèces sauvages, dans différents domaines comme l'alimentation, l'énergie, certaines activités économiques, la médecine, etc.

Or, la perte de biodiversité actuelle alarmante – une espèce animale et végétale sur huit étant menacée d'extinction – risque d'avoir des répercussions néfastes sur toutes les populations du globe, dont en particulier les populations vulnérables.

À noter dans ce contexte que fin 2022 se tiendra la COP15 sur la biodiversité au Canada visant à instaurer un cadre global pour freiner la perte de biodiversité au monde.

Ainsi nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

- 1) Le Gouvernement est-il au courant du rapport susmentionné ?
- 2) De quelle manière le Gouvernement entend-il mettre en œuvre les recommandations formulées par les auteurs dudit rapport ?
- 3) Quelles sont les ambitions du Gouvernement pour la COP15 précitée ? Quelle est la position du Luxembourg dans les négociations à venir ?
- 4) Est-il prévu de réaliser une étude pareille au Luxembourg visant à déterminer dans quelle mesure quel domaine de notre société et économie dépend directement ou indirectement d'espèces de faune et flore sauvages ?

**Réponse** (22/09/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1) Oui.

La Plateforme intergouvernementale scientifique et politique sur la biodiversité et les services écosystémiques (IPBES) est un des instruments les plus importants pour donner appui scientifique à la Convention sur la diversité biologique (CDB). Par ailleurs, les rapports de IPBES sont clés pour sensibiliser le grand public du rôle vital que joue la biodiversité pour le bien-être humain et le fonctionnement de nos économies.

ad 2) Le MECDD prend note des conclusions formulées dans le rapport. Il y a lieu de noter que les menaces posant sur les espèces sauvages ne se distinguent guère des menaces générales pour la biodiversité connues depuis longue date. Partant, les actions prioritaires pour sauvegarder durablement les espèces sauvages sont directement liées à la protection de la biodiversité et des écosystèmes.

Le Plan national pour la protection de la nature (PNPN) ou encore le Programme forestier national (PFN) sont des outils clés pour inclure les mesures à mettre en œuvre au niveau national, ainsi que pour augmenter notre engagement au niveau international.

ad 3) Depuis 2020, les représentants du MECDD sont impliqués dans le processus des négociations préparatives visant un accord ambitieux pour la COP15 avec des objectifs et cibles pour les années 2030 et 2050. Ils défendent les positions scientifiques qui ont été déterminées dans le rapport d'évaluation mondiale sur la biodiversité et les services écosystémiques de 2019<sup>1</sup>. Ce rapport détermine les exigences minimales pour être capables pour nos sociétés de « vivre en harmonie avec la nature »<sup>2</sup>.

En ce qui concerne les ambitions pour la COP15 : Les représentants du MECDD soutiennent dans le contexte de la COP15 les cibles prioritaires qui sont la conservation d'au moins 30 % des zones terrestres et des zones maritimes grâce à un système de zones protégées, la réduction de l'empreinte écologique ainsi que la restauration des habitats et écosystèmes dégradés.

ad 4) Le Luxembourg détient un système de monitoring de l'évolution de la nature. Annuellement, des données sont récoltées sur les populations de flore et de faune, tout en se focalisant sur les priorités issues des obligations européennes, ainsi que sur les biotopes et habitats du milieu ouvert ou encore du milieu forestier.

À travers ces données scientifiques, le MECDD est actuellement en train d'analyser la possibilité de composer des indicateurs clés pour établir un rapport

annuel appelé « État de la nature » pour ainsi sensibiliser le grand public de l'évolution de l'état de la biodiversité, des écosystèmes et de nos ressources naturelles.

Notons cependant que le sujet de la dépendance économique de la biodiversité a déjà donné lieu à de nombreuses études au niveau global, notamment le rapport d'évaluation mondial sur la biodiversité et les services écosystémiques d'IPBES susmentionné ainsi que les recherches du Forum économique mondial de 2019. Le rapport du Forum économique mondial a estimé que plus de la moitié du PIB mondial total dépend modérément ou fortement de la nature et de ses services<sup>3</sup>. Considérant que le sujet est assez bien documenté, les priorités devront se focaliser sur la mise en œuvre concrète de la protection et de la restauration des écosystèmes.

.....  
**« Automotive Campus » à Bissen | Question 6583**  
(01/08/2022) de **M. Claude Lamberty | M. André Bauler** (DP)

Viru Jore war zu Biissen an der Industriezon en „Automotive Campus“ geplangt, eng Aart Ecosystem am Beräich vun der Mobilitéit, wou Synergien tëscht ënnerschiddlechen Acteure geschaf sollte ginn an d'Fuerschung an Innovatioun am Zentrum sollte stoen. An der Tëschenzäit ass de Projet an en „Innovation Campus“ ofgewandelt ginn.

Déi Plaz huet effektiv quasi perfekt Viraussetzungen, vu dass se zentral geleeën a gutt ugebonnen ass, den Terrain dem Staat gehéiert an u sech relativ direkt bebaut kéint ginn. Allerdéngs muss ee feststellen, dass sech an de leschte Jore relativ wéineg op dësem Site gedoen huet.

An deem Kader wollte mir dem Här Wirtschaftsminister folgend Froe stellen:

– Wéi vill Firme sinn aktuell op dësem Site implantéiert? Wéi vill sinn der an de leschte fënnef Joer derbäikomm?

– Mat wéi ville Firmen ass den Här Minister am Gespräch, fir se dohinner ze kréien?

– Wat sinn d'Grënn, dass d'Entwécklung vum Site bis elo net virugaangen ass?

– Hält den Här Minister un der Iddi vu engem „Innovation Campus“ fest? Wat ass dat geneet Konzept fir de Site?

– Wéi eng Efforte mécht den Här Minister, fir de Site no de Prinzippe vum dësem Konzept ze entwéckelen?

**Réponse** (16/09/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

Den Automobilsektor am Generellen an d'Mobilitéit am Spezielle si prioritär Beräicher, wann et drëms geet, fir déi national Wirtschaft ze diversifizéieren, mat engem sterke Fokus op „Smart Mobility“. Besonnesch Aktivitéite ronderëm Fuerschung an Entwécklung an deene Beräicher schafe Plus-waalen an Aarbechtsplazen. Dofir huet d'Regierung virun e puer Joer decidéiert, fir zu Biissen e Campus ze schafen, deen der Innovatioun am Lëtzebuerger Automobilsektor gewidmet ass. Den Numm vun deem Site ass „Automobility Campus“.

Dësen Infrastrukturprojet schreift sech och an d'Politik vum Aménagement du territoire an, fir wirtschaftlech Aktivitéite besser iwwer Land ze verdeelen an esou ze dezentraliséieren. Ursprénglech gouf d'Konzept

vum Campus am „Haut Comité pour le soutien, le développement et la promotion de l'industrie“ ënnert der Féierung vum Wirtschaftsministère elaboréiert, zesumme mat der ILEA (Industrie luxembourgeoise des équipementiers de l'automobile) a Luxinnovation, der nationaler Agence fir d'Promotioun vun der Innovatioun.

D'TEE war 2019 déi éischt Firma, déi sech um Site zu Biissen niddergelooss huet, andeems se hire Sëtz dohinner geplënnert huet an ee Fuerschungszenter do opgemaach huet. Duerno koum zum Beispill Luxprovidé dohinner, déi de Supercomputer MeluXina bedreift, deen och vun der Automobilindustrie benotzt gëtt. Och den „Interdisciplinary Centre for Security, Reliability and Trust“ (SnT) vun der Uni Lëtzebuerg huet de Site zäitweilg benotzt, fir do Tester mat Autoen ze maachen, déi ouni Chauffeur fuere kënnen.

D'Automobilindustrie ass zanter e puer Joer schonn am Émbruch. Gefier, déi ee Motor hunn, dee mat Bensinn oder Diesel funktionéiert, ginn duerch Elektrogefier ersat. Dowéinst ass den Automobilmarkt ugespaant, een Zoustand, deen duerch d'Coronakris an hir ekonomesch Suitten nach weider verstärkt gouf. Besonnesch d'Zouliwwerindustrie ass dovunnet betraff, vun där et vill Entrepreneuren hei am Land gëtt.

Lëtzebuerger an auslännesch Betriber sinn interesséiert, fir sech um Campus zu Biissen niddergelossen, hunn hir Decisiounen, fir esou e laangfristeg Projekt unzegoen a fir ze investéieren, awer wéinst der ugespaanter Situatioun an der Automobilindustrie zeréckgestallt oder op spéider verluecht. Dat erkläert, firwat d'Entwécklung vum Site déi vergaange Jore bis elo esou net virugaangen ass, wéi dat geplangt war.

D'Regierung hält um Konzept vum Campus zu Biisse fest, fir do e Site ze entwéckele fir innovativ Betriber aus der Automobil- an der Zouliwwerindustrie. Dofir gëtt och geschwé mam Bau vun engem Incubateur fir Startuppen aus deene Beräicher ugefaangen, e Projet, dee wéinst der Pandemie Retard kritt. Déi zousätzlech Infrastruktur wäert mëttel- a laangfristeg zu der Attraktivitéit vum „Automobility Campus“ bäidroen. Dat Gebai kritt eng Surface vu ronn 5.000 m<sup>2</sup> a soll no de Prinzippe vum der Kreeslafwirtschaft gebaut ginn a funktionéieren.

.....  
**IRM à Grevenmacher | Question 6589** (01/08/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Aus ënnerschiddleche Quellen ass mir e puermol zu Quere komm, datt den IRM, deen um Potaschbiërg an enger privater Praxis steet, fir d'éischt an engem Lëtzebuerger Spidol stoung, iert d'Maschinn zu Gréiwemaacher a Betrib geholl ginn ass.

Duerfir hätt ech dës Froen un d'Madamm Gesondheitsminister:

1. Ass et korrekt, datt zu Gréiwemaacher en IRM steet, dee virun engem Lëtzebuerger Spidol gehéiert huet?

2. Wa jo, wéi vill Betribsstonnen hat déi Maschinn? Wat ass eng normal Liewensdauer vun esou enger Maschinn? Fir wéi vill Suen ass den IRM viruverkaf ginn a wat hätt d'Maschinn haut nei kascht?

3. Wat war beim Spidol d'staatlécher Participatioun um Verschafungspräis? Wat fir Konditiounen huet esou eng Subventioun am Hibleck op e Weiderverkaf? Wéi vill vum Weiderverkafspräis geet un de Staat?

**Réponse** (16/09/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1. De Gesondheitsministère huet keng Informatiounen, dass dëst de Fall ass. Effektiv ass den IRM awer aus zweeter Hand. Am Respekt vun der

<sup>1</sup> IPBES (2019), Summary for policymakers of the global assessment report on biodiversity and ecosystem services, <https://ipbes.net/global-assessment>, (consulté le 10.08.2022)

<sup>2</sup> Objectif principal du nouveau cadre mondial pour la protection de la nature

<sup>3</sup> WEF (2020), Half of World's GDP Moderately or Highly Dependent on Nature, Says New Report, <https://www.weforum.org/press/2020/01/half-of-world-s-gdp-moderately-or-highly-dependent-on-nature-says-new-report/>, (consulté le 10.08.2022)



Confidentialitésklausel am Accord de principe an dësem Dossier kann de Gesondheitsministère keng weider Detailer matdeelen.

ad 2. Eng Maschinn aus zweeter Hand ka wéi eng nei Maschinn exploitéiert ginn, soulaang de Contrôle qualité opweist, dat d'„critères réglementaires“ erfëllt ginn. Eng Maschinn muss ersat ginn, wa si net méi „state of the art“ ass an et net erlaabt, all néideg Examinatiounen ze maachen, déi Usus si bei neie Maschinnen.

ad 3. Mir verweisen op d'Äntwert op d'Fro 1.

### Retards de versement de subventions concernant les énergies renouvelables | Question 6590 (01/08/2022) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)

Récemment, des personnes concernées se sont plaintes de délais inexplicables concernant des dossiers de subventions au sein de l'Administration de l'Environnement. Ces dossiers seraient prêts pour la liquidation des subventions et ceci depuis des mois.

Dans ce contexte, j'aimerais poser la question suivante à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

– Quelles sont les raisons des retards de versement de subventions concernant notamment les énergies renouvelables et plus précisément les « primes d'encouragement écologique pour la production de l'électricité à partir de l'énergie éolienne, hydraulique, solaire, de la biomasse et du biogaz » ?

**Réponse (13/09/2022) de Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Le règlement grand-ducal du 28 décembre 2001 instituant une prime d'encouragement écologique pour l'électricité produite à partir de l'énergie éolienne, hydraulique, solaire, de la biomasse et du biogaz a instauré un régime d'aides financières pour la production des dites formes d'énergie électrique à Luxembourg. Notons que ce règlement grand-ducal ne prévoit pas de délais spécifiques pour le paiement de ces aides et que ces délais peuvent varier d'année en année dans une certaine mesure. Cette année les délais pour le traitement de ces demandes d'aide financière ont été plus longs, tout comme ceci a été le cas pour la plupart des autres régimes d'aide financière.

En effet, les délais plus longs pour la prime d'encouragement écologique sont principalement dus aux succès de la prime « Clever fueren » tout comme celui du « Neistart Lëtzebuerg » et de l'augmentation considérable du nombre de demandes qui en a résulté. En raison de ceci, les ressources humaines disponibles au sein de l'Administration de l'environnement ont dû être réorganisées entre les différents régimes d'aide. D'autres retards étaient dus à la situation Covid-19. Au cours des derniers mois, le service a cependant pris des dispositions afin que l'absence d'un agent n'ait plus un impact aussi important.

### Coopération entre le groupe Luxport et CFL | Question 6591 (02/08/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

De 26. Juli huet de CEO vu Luxport um Radio 100,7 en Interview ginn, an deem hien ënner anerem op d'Optiméierungspotenzial bei der Zesummenaarbecht mat der CFL agangen ass. No der Duerstellung vum besote Verantwortleche verhält et sech sou, datt de Mäerterter Hafen aktuell dacks vun eidele Gidderzich vun der CFL ugefuer, respektiv verlooss gëtt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung dës Aussoe bestätegen? Falls jo, kann d'Regierung dann erklären, wéi si déi feelend Auslaaschtung begrënt a wéi sech dës mat eiser aktueller Klima- an Energiepolitik verdréit?

2. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi dokumentéiert, wéi vill Zich vun der CFL de Mäerterter Hafen an de Joren 2013–2021 duerchschnëttlech pro Dag ugefuer hunn a wéi vill der op der Hifaart eidel waren, wéi vill op der Réckfaart a wéi vill der voll ausgelascht waren?

**Réponse (22/09/2022) de M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Iwwert hir Duechtergesellschaft CFL cargo bedreift d'CFL reegelméisseg konventionell Gidderzich mat Depart oder mat der Destinatioun vum Mäerterter Hafen.

CFL cargo huet, wéi all Firma am Privatsektor, d'Zil, hir Operatiounen ze optiméieren an ënnerhält dofir eng enk Bezéiung zu hire Clienten. Déi eenzeg Aschränkung dobäi ass, datt d'Bedierfnesser vun de Clienten, wourënner och den Ursprung an d'Destinatioun vun de Fluxen, de Volume esou wéi d'Typologie vun de Produite falen, respektéiert musse ginn, an datt déi Ressourcen, déi fir den Transport vun de betraffene Wuere benéidegt ginn, bereitgestallt musse ginn. Et gi verschidden Zorte vu Gidderween, déi fir den Transport vun ënnerschiddleche Produite geduecht sinn. Als Beispill besteet de West-Ost-Flux a Richtung Mäertert aus halleffärdege Produiten, déi op flaache Ween transportéiert ginn, währenddeem den Ost-West-Flux mat Depart Mäertert haaptsächlech aus Schrott besteet, deen an oppene Gidderween transportéiert gëtt. Eng gewësse Flexibilitéit a Villsäitegkeet ass denkbar an erwënscht, mee leider net ëmmer méiglech. Dat selwecht gëllt fir d'Fuerpläng vun den Zich.

Och wann eng stänneg Verbesserung vun de lëtzebuerger Logistikk-Déngschtleeschter, besonnesch vun deene mat enger ëffentlecher Bedeelegung, gefrot an erwaart gëtt, stëmmt et net, datt d'CFL géif onnéideg eidel Gidderzich zéien.

ad 2. Dës Zich ginn ënner kommerzielle Kontrakter tëscht CFL cargo an hire Clientë bedriwwen. Déi gefroten Zuele sinn deemno kommerziell Donnéeën, déi net dozou bestëmmt sinn, ëffentlech zougänglech gemaach ze ginn.

### Jours de formation dans le cadre du télétravail des frontaliers | Question 6592 (02/08/2022) de M. Laurent Mosar | M. Marc Spautz (CSV)

Tout au long de la pandémie, le Luxembourg et ses pays voisins ont réussi à s'entendre sur des accords dérogatoires fiscaux pour les frontaliers en télétravail. Ces dispositions dérogatoires ont pris fin le 30 juin 2022.

Depuis fin juin, les jours de travail pouvant être prestés depuis l'étranger sont de nouveau comptabilisés ; le seuil de tolérance est différent d'un pays à l'autre. D'après un article de presse publié le 1<sup>er</sup> août 2022 sur [lesentiel.lu](https://www.lesentiel.lu), « Mauvaise surprise pour certains frontaliers par rapport au télétravail », les jours de formation effectués à l'étranger sont également comptabilisés comme des jours de travail prestés à l'étranger.

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances :

– Est-ce que Madame la Ministre peut confirmer ces informations ?

– Dans l'affirmative, est-ce qu'il ne serait pas judicieux d'exclure les journées de formation, tout comme les déplacements professionnels des seuils prévus par les accords entre le Luxembourg et ses pays voisins ?

– Dans l'affirmative, est-ce que des discussions à ce sujet sont en cours avec les pays voisins ?

**Réponse (13/09/2022) de Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Dans leur question parlementaire, les honorables Députés se réfèrent à un article de presse au sujet des jours de formation effectués à l'étranger par un travailleur frontalier qui indique que ces jours de formation effectués à l'étranger seraient comptabilisés comme des jours de travail prestés à l'étranger.

D'après les dispositions concernant les seuils de tolérance respectifs prévus dans les conventions de non-double imposition que le Luxembourg a conclues avec ses trois pays limitrophes, il s'ensuit que tous les jours ouvrables pendant lesquels le travailleur frontalier est physiquement présent dans son État de résidence ou dans un État tiers comptent pour le calcul des jours du seuil de tolérance. Il peut donc être confirmé que ces jours de formation effectués à l'étranger par un frontalier sont pris en compte pour le calcul des jours du seuil de tolérance.

Il faut rappeler que les seuils de tolérance prévus dans les conventions de non-double imposition que le Luxembourg a conclues avec ses trois pays limitrophes n'ont pas été prévus expressément pour effectuer du télétravail par un travailleur frontalier. Ces seuils constituent une exception aux principes généraux d'imposition des revenus d'emploi d'un frontalier et prévoient donc une « tolérance » afin de permettre à un frontalier d'exercer son emploi de manière ponctuelle dans son État de résidence ou dans un État tiers, notamment lors d'un détachement, pendant un certain nombre de jours durant une période impossible sans être imposé dans son État de résidence.

C'est exactement pour cette raison que les seuils de tolérance ont notamment été négocié et instauré ensemble avec nos pays voisins à l'époque avec comme seul objectif de permettre à un travailleur frontalier des déplacements professionnels ainsi que des journées de formation en dehors de son État d'emploi pour un certain nombre de jours au courant d'une période impossible.

Enfin, il est utile de rappeler que des accords ont été trouvés avec la Belgique et la France, afin de revoir à la hausse les seuils de tolérance respectifs à 34 jours. En effet, un avenant à la convention de non-double imposition belgo-luxembourgeoise a été signé en 2021. Le Luxembourg a déjà ratifié cet avenant, la procédure de ratification étant encore en cours en Belgique. Avec la France un accord de principe a pu être trouvé qui doit encore être mis en pratique, à l'aide d'un avenant à la convention fiscale. Des discussions avec l'Allemagne sont également en cours concernant le seuil de tolérance. Le sujet fut par ailleurs évoqué fin août lors d'une entrevue bilatérale entre la ministre et son homologue allemand en marge de la réunion annuelle des ministres des Finances germanophones.

### Exposition des enfants aux polluants | Question 6594 (02/08/2022) de M. François Benoy | Mme Josée Lorsché (déi gréng)

Une étude récente du Luxembourg Institute of Health, conjointement financée par le Ministère de l'Agriculture a, par le biais d'une analyse des cheveux de 256 enfants résidents âgés de moins de 13 ans et du recueil d'informations par le biais d'un questionnaire, pu

mettre la lumière sur l'exposition des enfants à des sources diverses de pollution. Ainsi, les échantillons ont été testés pour 153 composés, y compris des pesticides et d'autres produits chimiques trouvés dans la fabrication de plastiques.

Selon la première auteure de l'étude, cette dernière démontre « que les enfants sont exposés simultanément à de multiples polluants appartenant à différentes classes chimiques ». L'étude a identifié entre 29 et 88 polluants différents par échantillon dans les cheveux des enfants, avec une médiane de 61 polluants. L'étude dévoile par ailleurs que le mode de vie des enfants a une certaine influence sur leur exposition aux polluants. Dans cet ordre d'idées, il est souligné que les enfants ayant une alimentation essentiellement biologique présentent une concentration significativement plus faible de 17 types de polluants dans leurs cheveux.

Dans le souci de la préservation de la santé des enfants, nous nous permettons de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, à Madame la Ministre de la Santé et Ministre de la Protection des consommateurs :

1) Monsieur et Madame les Ministres prévoient-ils de donner une suite aux résultats plutôt alarmants de l'étude susmentionnée de sorte à établir des programmes d'action et de prévention axés sur une meilleure protection des enfants au niveau de leur alimentation et des bonnes pratiques de santé environnementale, permettant de réduire les expositions pré-occupantes ?

2) Madame la Ministre peut-elle nous renseigner sur l'évolution du nombre de cancers diagnostiqués chez les enfants et adolescents au cours des dernières années ?

Le plan d'action national de promotion de l'agriculture biologique contient une mesure qui a comme objectif d'augmenter l'offre d'aliments issus de l'agriculture biologique dans la restauration collective. Considérant que l'alimentation biologique entraîne une diminution significative du nombre de polluants retrouvés dans les cheveux des enfants, nous aimerions savoir de la part de Monsieur et Madame les Ministres :

3) Quelles sont jusqu'à présent les mesures qui ont été mises en œuvre dans le cadre du PAN-Bio afin d'augmenter le pourcentage d'aliments biologiques dans les cantines scolaires ?

4) Est-ce que les campagnes d'information et de sensibilisation seront renforcées sur le plan de la restauration collective de façon à promouvoir d'avantage l'alimentation biologique dans ce domaine ? Dans l'affirmative, quels seront les moyens mis en œuvre à cet effet ?

**Réponse** (22/09/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé, Ministre de la Protection des consommateurs

ad 1) Cette étude du LIH, cofinancée par l'Administration des services techniques de l'agriculture (ASTA) visait à détecter 153 polluants chimiques, parmi lesquelles des polluants industriels, des biocides – qui sont des produits destinés à lutter contre les organismes nuisibles de manière générale, utilisés également en dehors de l'agriculture et par le grand public – et des produits phytopharmaceutiques utilisés spécifiquement pour protéger les végétaux. Le terme « pesticides » regroupe d'ailleurs l'ensemble des biocides et des produits phytopharmaceutiques (PPP).

S'il est vrai que de nombreux résidus de produits chimiques ont été détectés dans les cheveux des

enfants au Luxembourg<sup>4</sup> – comme d'ailleurs auparavant dans des études similaires dans nos pays voisins<sup>5</sup>, il n'est pas aisé d'interpréter la signification pour la santé publique de tels résultats, car un lien causal entre la présence des résidus et des effets négatifs sur la santé ne peut être déduit d'une simple étude descriptive sur un petit nombre de personnes. À cet égard, la méta-analyse<sup>6</sup> publiée récemment par une équipe de l'Université de Harvard aux États-Unis est nettement plus informative. Cette étude examine, dans une cohorte de plus de 160.000 personnes, un lien possible entre la présence de résidus de pesticides et la mortalité et conclut que l'exposition à des résidus de pesticides par l'alimentation pourrait au moins annuler l'effet bénéfique sur la santé d'une consommation accrue de fruits et légumes. Malgré cette conclusion préliminaire, les auteurs mettent en garde contre certaines limites des études sur l'effet des pesticides et plaident pour continuer la recherche en santé publique dans ce domaine afin d'obtenir des données de meilleure qualité et des conclusions plus solides.

Cependant, concernant en particulier l'exposition aux produits phytopharmaceutiques, le Gouvernement, et notamment le Ministère de l'Agriculture se sont fixés des objectifs de réduction de l'utilisation des PPP dans le plan national de réduction des produits phytopharmaceutiques, bien avant la publication de cette étude. On peut par ailleurs noter que le Conseil de Gouvernement a décidé récemment de continuer la mise en œuvre du PAN PPP adopté en 2017. Dans le secteur agricole, horticole et viticole, cet objectif est notamment visé à travers les programmes d'aides agro-environnementaux auxquels les agriculteurs participent. Ces programmes seront renforcés lors de la mise en œuvre des nouvelles mesures de la politique agricole commune (PAC 2023-2027), lorsque que le plan stratégique national (PSN) entrera en vigueur prochainement, mais aussi par l'augmentation des surfaces de l'agriculture biologique à travers le plan d'action national de promotion de l'agriculture biologique.

ad 2) La Direction de la santé, sur base d'une analyse du registre national des cancers, dispose des informations suivantes sur le nombre des cancers chez les enfants et adolescents :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Les données pour les années suivantes (2018 et plus récentes) ne sont pas encore complètes et ne peuvent donc pas être analysées à ce stade.

ad 3) Dans le cadre du PANBio2025 et du plan de relance lié au Covid le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural a mis en place différents projets avec différents acteurs de la restauration collective. Depuis l'automne 2020, des projets pilotes ont été lancés avec trois partenaires du secteur de la restauration collective. Après analyse concernant l'approvisionnement en denrées alimentaires, des objectifs ont été formulés, et le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural a, en cas de besoin, pris en charge les surcoûts pour cette augmentation de produits bio, régionaux ou de saison. En automne 2021, par analogie avec le PANBio2025 (20 % de surface agricole en mode agriculture biologique

pour fin 2025), Restopolis (food4future) a repris l'objectif de 20 % de produits bio dans les menus servis. Suivant une publication dans « L'essentiel » du 4 août 2022, la part des denrées alimentaires bio est de 12,38 %, donc l'objectif pour l'année 2022 (11 %) a été plus qu'atteint.

En ce moment, la cantine de la CGFP et le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural sont en train de développer un projet en cohérence avec le PANBio2025.

ad 4) Les efforts au niveau de la restauration collective doivent être maintenus. Les échanges entre les responsables des cuisines collectives et le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural ont clairement montré que l'approvisionnement en denrées alimentaires est seulement une partie de l'équation. Le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural a fait élaborer une formation pour les chefs de cuisine qui traite également du sujet du gaspillage alimentaire. L'objectif est d'offrir des repas bio, régionaux et de saison, tout en respectant les budgets disponibles pour l'achat des denrées alimentaires.

**Fixation du prix des médicaments** | Question 6611 (04/08/2022) de **M. Gusty Graas** | **Mme Carole Hartmann** | **M. Gilles Baum** (DP)

Le règlement grand-ducal du 1<sup>er</sup> décembre 2011 déterminant les critères, les conditions et la procédure pour la fixation des prix des médicaments à usage humain stipule que toute demande de fixation du prix d'un médicament doit être introduite auprès du Ministre ayant la Sécurité sociale dans ses attributions par l'introduction d'un formulaire accompagné des documents qui y sont mentionnés.

En règle générale, le prix d'un médicament avec autorisation de mise sur le marché au Luxembourg est fixé sur la base du prix accordé par l'autorité compétente du pays de provenance.

Comme le Luxembourg importe la grande majorité de ses médicaments de Belgique, nos prix ont été fixés conformément à la décision du Ministère de l'Économie belge, qui publie les prix sur une plateforme internet.

Or, il nous revient que le Ministère de la Sécurité sociale n'accepte plus les décisions du Ministère de l'Économie belge en matière de fixation des prix des médicaments, car les prix ne sont pas rendus publics ou ne sont pas « officiels ».

Comme cela a un impact non négligeable sur l'accès aux médicaments innovants pour les patients luxembourgeois, nous souhaitons poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

– Monsieur le Ministre peut-il confirmer qu'au Luxembourg, suite à la décision ministérielle de ne plus accepter les prix du Ministère de l'Économie belge, aucun prix n'a été fixé pour un nouveau médicament depuis octobre 2021 ?

– Dans l'affirmative, comment Monsieur le Ministre justifie-t-il cette décision compte tenu du fait que le règlement grand-ducal de 2011 fait référence à un « prix accordé par l'autorité compétente du pays de provenance » et non à un « prix officiel » ?

– Combien de demandes de fixation de prix ont été introduites auprès du Ministère de la Sécurité sociale depuis octobre 2021 ?

– Dans combien de cas le délai de 90 jours pour la prise de décision par le Ministère de la Sécurité sociale n'a-t-il pas été respecté ?

<sup>4</sup> Investigating children's chemical exposome – description and possible determinants of exposure in the region of Luxembourg based on hair analysis. A. Inglesias-González et al. Environ Int 2022; 165:107342

<sup>5</sup> Cumulative exposure to organic pollutants of French children assessed by hair analysis. A. Inglesias-González et al. Environ Int 2020; 134:105332

<sup>6</sup> Intake of fruits and vegetables according to pesticide residue status in relation to all-cause and disease-specific mortality: results from three prospective cohort studies. H. Sandoval-Insausti et al. Environ Int 2022; 159:107024



**Réponse** (16/09/2022) de **M. Claude Haagen**,  
Ministre de la Sécurité sociale

La procédure qui est à la base de la fixation des prix des médicaments à usage humain au Luxembourg, qui est définie dans le règlement grand-ducal modifié du 1<sup>er</sup> décembre 2011 déterminant les critères, les conditions et la procédure relative à la fixation des prix des médicaments à usage humain, est calquée sur les procédures des pays voisins qui sont les principaux pays de provenance des médicaments visés, notamment la Belgique.

Le principe est que le prix luxembourgeois ne peut être supérieur au prix du pays de provenance. Dès lors, le prix doit d'abord être fixé et publié officiellement dans le pays de provenance pour qu'il puisse à son tour être fixé au Luxembourg. Or, les procédures de fixation des prix et d'admission au remboursement diffèrent d'un pays à l'autre, ce qui a comme conséquence que des modifications de procédure dans les pays de provenance peuvent impacter la procédure au Luxembourg.

En Belgique, le prix maximum est déterminé par le Ministre ayant l'Économie dans ses attributions. Or, cette décision n'est pas publiée au Moniteur belge.

Pour les médicaments destinés à un remboursement par l'assurance maladie belge, la société pharmaceutique ou son représentant peut introduire parallèlement une demande auprès de l'Institut national d'assurance maladie-invalidité (INAMI), qui est l'équivalent de la Caisse nationale de santé au Luxembourg, pour qu'un prix pris en charge par l'assurance maladie soit déterminé.

Or, c'est uniquement l'INAMI qui publie sa décision dans le Journal officiel belge.

Au Luxembourg, la compétence en matière de fixation des prix des médicaments est auprès du Ministère de la sécurité sociale alors que la décision d'inscription dans la liste positive appartient à la CNS. Or, la décision de la CNS ne porte que sur le remboursement et les conditions de remboursement et n'impacte pas sur la détermination du prix officiel.

Comme le règlement précité ne fait pas de distinction entre fixation de prix de marché et fixation de prix pris en charge par l'assurance maladie, le règlement ne fait génériquement référence qu'à « l'autorité compétente du pays de provenance ». Or, en Belgique c'est l'INAMI qui est compétente pour déterminer le prix des médicaments en matière d'assurance maladie et non le Service public fédéral économie et PME. C'est d'ailleurs l'INAMI qui publie le prix au Moniteur belge.

En effet, le règlement précité a sa base légale dans le Code de la sécurité sociale, Livre I<sup>er</sup> (assurance maladie), et plus précisément l'article 22ter. Il s'agit donc d'une matière relevant du domaine de l'assurance maladie.

Depuis octobre 2021, le nombre de demandes introduites sont (demandes introduites jusqu'au 19 août 2022 inclus) :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Il y a lieu de relever qu'une demande peut porter sur plusieurs présentations. En d'autres termes, une demande ne correspond pas nécessairement à une seule et unique présentation d'un médicament.

Ainsi, depuis octobre 2021, 470 demandes de fixation de prix ont été introduites jusqu'au 19 août 2022. Parmi celles-ci, 99 concernaient des nouveaux médicaments, les autres demandes portant sur des modifications de prix.

Sur cette même période, 16 demandes sont en suspens faute de complétude. Toutes les décisions

d'approbation ont eu lieu endéans le délai de 90 jours prévu au règlement précité.

D'ailleurs, dans la majorité des cas, les décisions sont prises soit endéans le mois d'introduction de la demande soit dans le mois qui suit celui de l'introduction de la demande et publiées au Journal officiel.

Toutefois, dans la mesure où le règlement précité date de 2011, et compte tenu de l'évolution des procédures à l'étranger, la procédure définie au règlement précité sera revue pour tenir adéquatement compte des évolutions en la matière et aussi pour apporter des simplifications et précisions sur base de l'expérience acquise par les services concernés avec la procédure en vigueur depuis 2011. C'est ainsi que les services concernés procèdent actuellement à une analyse. Une fois les travaux terminés, les changements procéduraux nécessaires seront élaborés.

Finalement, il y a lieu de rappeler que même si un médicament à usage humain n'est pas encore pris en charge par l'assurance maladie au Luxembourg, il peut néanmoins être pris en charge par la Caisse nationale de santé sur demande du médecin traitant et sur accord du Contrôle médical de la sécurité sociale sur base de l'article 112 alinéa 2 des statuts de la Caisse nationale de santé.

Partant, l'accès à des médicaments « innovants », qui ont une autorisation de mise sur le marché, est assuré dans tous les cas à partir du moment où ils sont médicalement requis pour le traitement.

.....  
**Subsides alloués aux associations et sociétés de bienfaisance par le Ministère des Affaires étrangères et européennes** | Question 6616 (05/08/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Ennert dem Budgetsposten 33.010.33.00 vum Ausseministère si fir 2022 10.000 € fir Subsiden un ASBLE souwéi aner Associatiounen virgesinn, déi eis national Interessen an international Ziler am Ausland verrieden.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa dës Froe stellen:

1. Wéi eng Sociétés de bienfaisance, respektiv aner Associatiounen, gi mat dësem Budgetsposten ënnerstëtzt a wéi vill kréien déi eenzel Societäten oder Associatiounen?

2. Wéi huet sech dës Lëscht an de Joren 2019–2021 presentéiert?

**Réponse** (05/09/2022) de **M. Jean Asselborn**,  
Ministre des Affaires étrangères et européennes

Déi gefroten Informatiounen sinn am folgenden Tableau détailléiert:

Article budgétaire 01.0.33.010: Subsides à des sociétés de bienfaisance ou d'aide sociale luxembourgeoises ou à d'autres associations luxembourgeoises poursuivant des buts internationaux ou ayant pour objet de sauvegarder les intérêts nationaux à l'étranger.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

.....  
**Signalisation des auto-pédestres au Luxembourg** | Question 6619 (05/08/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Zu Lëtzebuerg sinn d'Auto-pédestre-Wanderweeër ganz beléift. Et schéngt awer, ewéi wann – wat d'Visibilitéit an d'Kohärenz vun der Beschëlderung ugeet – nach eng Rei Problemer bestinn.

Verschidde Feiler weisen carrement an déi falsch Richtung an och wat d'Unzuel, d'Visibilitéit an d'Gréisst vun de Schëlde ugeet, besteet nach Verbesserungspotential. Et bestinn och eng Rei Problemer, wat d'Sécherheet ugeet. Dacks muss ee länger Strecken iwwer vill befueren Nationalstroosse passéieren, ier een nees op de Wanderwee kënnt.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un den Här Tourismusminister:

– Ass den Här Minister sech deenen uewe beschriwene Problemer bewosst? Wa jo, wéi a wéini gedenkt den Här Minister ze reagéieren, fir dës Mëssstänn ze behiemen?

**Réponse** (26/08/2022) de **M. Lex Delles**,  
Ministre du Tourisme

D'Circuits auto-pédestres sinn ab de 60er Joren entstanden an, no an no, bis op ee Maximum vun 201 Weeër gewuess mat engem Total vu bal 2.000 km Längt.

De Succès vun de Circuits auto-pédestres bei de Lëtzebuerger ass zënter méi wéi engem hallwe Joerhonnert onënnerbrach immens grouss an huet sech grad an der Pandemie nach emol gewisen.

Déi landesplaneresch Entwécklung vun eise Land huet awer iwwer Joren zu verschiddene Situatiounen gefouert, wou haut Strecken a Plazen net méi zäitgeméis sinn, sief dat duerch ee verstärkten Trafic op de Stroossen, oder wou aus kleng Weeër am Laf vun der Zäit grouss Stroosse gi sinn.

Mir sinn eis also dës Situatiounen bewosst, an dofir hunn ech och ab 2019 meng zoustänneg Departementer gefrot, net nëmmen eng Analys vun de Weeër ze maachen, mee och scho gefrot, konkret Mesuren, déi hirer Verbesserung a puncto Sécherheet solle Rechnung droen, ëmzesetzen.

Bei der Analys vun de Weeër si mer op verschiddene Plazen zur Conclusioun komm, datt et keng zefriddestellend Léisung géif ginn an deemno wäerten an de kommende Méint och eng Rei Circuits auto-pédestres ofmontéiert ginn.

Bei der Geleeënheet ass och profitéiert ginn, fir d'Markéierungsstandarde vun der Europäescher Wandervereenegung ëmzesetzen: An Zukunft kënnen all d'Auto-pédestres an zwou Richtungen gaangen ginn.

Well mer awer en plus vun der béidsäiteger Markéierung och nach een neit Zeechen agefouert hunn, müssen d'Wanderer sech no iwwer 50 Joer un dës Nouveauté gewinnen. D'Systematik ass effektiv e bëssen eng aner, mee entsprécht awer internationale Standarden, an och aner Weeër hei zu Lëtzebuerg si scho méi laang no dëser Method markéiert.

Nodeems d'Analys an d'Installatioun vun der neier Markéierung an der Regioun Éislek schonn ofgeschloss ass, kommen an den nächste Méint déi aner Regiounen un d'Rei. Duerno sollen eis Weeër fir eng Rei Jore fit sinn an onbeschwiert Wandere erlaben.

.....  
**Illumination de Noël** | Question 6620 (05/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Duerch hir Sanktiounspolitik géint iwwer Russland hunn sech déi westeuropäesch Staaten an eng Situatioun bruecht, déi dorop erausleef, datt si den Energiekonsum, inklusiv am Beräich vun der elektrescher Energie, an deenen nächste Méint wëlle staark reduzéieren. Dës Moossname betreffen also warscheinlech och d'Advents- an d'Chrëschtzäit.

Vill Leit freeën sech awer op déi festlech Belichtung vun Enn November bis Ufank Januar. Fir d'Geschäftsleit ass et eng besonnesch wichteg Period, an där si hir Etablissements och wëllen deementsprechend dekoréieren.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froen stellen:

1. Mécht d'Regierung Drock op d'Gemengen, fir datt si d'Chrëschtdekoratiounen dëst Joer op ëffentleche Plaze solle reduzéieren? Wëll d'Regierung déi staatlech Gebaier esou dekoréieren wéi déi aner Joren?

2. Ass séchergestallt, datt d'Regierung keen Drock op d'Geschäftsleit oder op Privatleit mécht, fir op Chrëschtdekoratiounen ze verzichten oder si ze reduzéieren?

3. Ass séchergestallt, datt d'Chrëschtmaiert kënnen esou funktionéieren wéi déi aner Joren och?

**Réponse** (08/09/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **Mme Taina Bofferdig**, Ministre de l'Intérieur | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Lex Delles**, Ministre des Classes moyennes

D'Regierung plangt am Kader vun der aktuell ugespaanter Situatioun op den Energiemarché, déi ënnert anerem op déi russesch Aggressioun op d'Ukrain zréckzeféieren ass, eng ganz Rei Mesuren, fir Energieaspuerungen ze incitéieren. Dëst och, fir d'Reduktiounszil vu 15 % vum nationale Gasverbrauch ze erreechen, wat vum EU-Reglement 2022/1369 virginn ass. Dobäi ass eng Reduktioun vum Stromverbrauch och ganz wichteg, well et en direkte Lien mam Gasverbrauch gëtt – vill Strom gëtt nach aus Gas produziéiert.

An deem Kontext sinn d'Gemengen ufank August iwwer eng Circulaire dozou opgeruff ginn, besonnesch am Beräich vum Hëtzen a vun der Belichtung. Energie-spiermoossnamen ze ergreifen. Wéi eng konkret Mesuren d'Gemengen heibäi ergreifen, ass hinnen am Kader vun der Gemengenautonomie fräi iwwerlooss. Et ass ze begräissen, datt schonn eng Rei Gemenge ganz konkret an effikass Mesuren ëmgëss, oder annouciéiert, hunn. Zousätzlech Reunionen tëschent staatlechen Acteuren an de Gemengen, an enger Zesummenaarbecht mam Syvicol, si geplangt. Wat de Gemengen hir Pläng bezüglech Festbelichtung dës Wanter ubelaangt, huet d'Regierung aktuell keng konkret Informatiounen.

Wat déi staatlech Gebaier ugeet, wäerten och Energie-spiermoossnamen virgesi ginn. Heibäi wäert ënnert anerem och allgemeng recommandéiert ginn, nieft effizientem Hëtzen, energieeffizient Belichtung (wéi zum Beispill mat LED-Lichtmëttel) anzesetzen.

Och fir de Grand public an d'Entrepris wäerte Recommendatiounen gemaach ginn, fir Energie ze spueren. Och hei gëllt et nieft dem spuersamen Hëtzen am Allgemeng spuersam mat Belichtung ëmzegoen, a mat effizienten Technologien, wéi zum Beispill LED ze belichten. Och gëtt recommandéiert, d'Belichtung nuets auszemaachen, dat engersäits fir Energie ze spueren, mee och fir Lichtverschmutzung ze minimiséieren.

Wat d'Chrëschtmaiert ubelaangt, si keng Mesurë virgesinn, déi géife verhënnern, dës aus Energiegrënn ofzehalen.

**Défauts constatés dans des logements commercialisés par la SNHBM** | Question 6622 (08/08/2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk)

Selon des informations parues dans la presse le 5 août 2022, des logements commercialisés par le promoteur public SNHBM seraient en mauvais état. Ainsi les habitants de résidences neuves au Kirchberg seraient confrontés à des défauts et malfaçons, dont notamment des fenêtres défectueuses et rayées et de la moisissure suite à une humidité trop importante à l'intérieur des immeubles.

Les occupants concernés ont acquis les logements en question sous bail emphytéotique. La SNHBM en tant

que promoteur ayant commercialisé les logements est pourtant tenue aux garanties biennales et décennales. Elle est donc tenue, à compter de la réception de l'ouvrage par l'acquéreur, de garantir les vices affectant les gros ouvrages pendant dix ans et les vices affectant les menus ouvrages pendant deux ans, même si les logements n'ont pas été construits par la SNHBM qui a procédé à des soumissions publiques.

Il est dans ce contexte que je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Logement :

1) S'agit-il de la première incidence de ce type de défauts dans des logements commercialisés par la SNHBM ? Dans la négative, dans combien de résidences ou de maisons des défauts couverts par les garanties biennales ou décennales ont-ils été signalés dans le passé ?

2) Quand Monsieur le Ministre estime-t-il que les problèmes constatés seront résolus ? Monsieur le Ministre interviendra-t-il auprès de la SNHBM notamment au vu de l'envergure de la subvention publique versée aux projets de construction de logements publics ?

3) Qui est responsable de la prise en charge des coûts de la réparation des défauts, voire du remplacement des équipements ou éléments affichant un défaut sous garantie ? S'agit-il de la SNHBM ou bien de la société ayant construit le logement ?

4) Comment la SNHBM sélectionne-t-elle les entreprises privées ayant participé à une soumission publique pour la construction de logements commercialisés par la SNHBM ? Le choix est-il pris prioritairement en fonction des coûts ?

5) Monsieur le Ministre estime-t-il que la SNHBM dispose des ressources dont elle a besoin pour prendre en charge toutes les missions dans le contexte de son rôle de plus en plus important en matière de construction de logements publics ?

**Réponse** (15/09/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre du Logement

ad 1) La SNHBM construit en ce moment entre 250 et 300 logements par an avec le but d'offrir à ses clients une bonne qualité. Si des problèmes de qualité dans l'exécution surviennent, le service après-vente de la SNHBM s'en occupe et cherche à y remédier le plus rapidement possible et à trouver une solution satisfaisante.

Durant les quatre dernières années, le service après-vente de la SNHBM a été sollicité pour des interventions de plus grande ampleur sur trois chantiers. Tous ces problèmes ont en général été résolus par ce service avec les entreprises qui en avaient l'exécution, dans le cadre des garanties biennale et décennale.

ad 2) Les responsables de la SNHBM m'ont informé quant aux problèmes en question avant leur parution dans la presse en juillet. Ils m'ont en même temps informé de la manière dont ces vices de construction seront rapidement réparés par les entreprises responsables.

Les logements dont il a été question dans la presse étant des logements vendus sous droit d'emphytéose, aucune subvention publique directe pour leur construction n'est entrée en jeu.

ad 3) La SNHBM travaille avec des entreprises qui ont été choisies via une procédure de marché public. Il incombe dès lors à ces entreprises, dans le cadre des garanties légales, de remédier à leurs frais aux différents problèmes. Dans le cas où un problème s'avère ne pas être imputable à une des entreprises, la SNHBM prend en charge ces frais.

ad 4) La SNHBM choisit les entreprises via une procédure de marché public. Dans ce cadre et en fonction du marché en question, différents critères de sélection

sont appliqués. Parmi les entreprises qui remplissent ces critères, celle proposant le prix le plus bas est dans la plupart des cas sélectionnée. Néanmoins, il existe aussi des soumissions plus importantes pour lesquelles d'autres critères, comme ceux de qualité ou d'adjudication, sont pris en considération.

L'entreprise responsable du gros-œuvre fermé pour le projet dont il est question dans l'article fut aussi sélectionnée suivant des critères de qualité.

ad 5) La SNHBM a, ces dernières années, procédé au recrutement de nouveaux collaborateurs et se retrouve, dès lors, tout à fait disposée à affronter les défis actuels. Nonobstant, dans un marché du travail de plus en plus ardu, elle rencontre elle aussi des difficultés à recruter des personnes qualifiées.

**Défauts constatés dans des logements commercialisés par la SNHBM** | Question 6623 (08/08/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Rezent konnt een an de Medie liesen, datt Persounen, déi an engem Appartementshaus vun der Société nationale des habitations à bon marché (SNHBM) um Kirchberg wunnen, mat massive Problemer konfrontéiert sinn. Et gëtt notament vun enger héijer Fiichtegkeet, Schimmel, a beschiedegte Fënstere geschwat. Doduerch si verschidde Bewunner och mat Symptomen, ewéi zum Beispill Kappwéi, geplot. E weideren Awunner huet bericht, datt hie wéinst dem Kaméidi vun de futtisse Fënsternen net méi a senger Schlofkummer konnt schlafen. D'Bewunner hunn den Ament och net d'Gefill, datt d'SNHBM hinne wierklech entgéintkënn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Logementsminister:

1. Ass den Här Minister iwwert déi uewe beschriwwen Faiten am Bild?

2. Wéi gedenkt den Här Minister ze reagéieren, fir dës fir d'Bewunner inakzeptabel Zoustänn ze eliminéieren?

**Réponse** (15/09/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre du Logement

De Minister gouf vun de Verantwortleche vun der SNHBM iwwert déi genannte Problemer informéiert, ier se am Juli an der Press opgedaucht sinn. Gläichzäitig hunn déi Verantwortleche vun der SNHBM de Minister informéiert, wéi dës Baumängel vun der verantwortlecher Entreprise behuewe wäerte ginn.

**Défauts constatés dans des logements commercialisés par la SNHBM** | Question 6625 (08/08/2022) de **M. Sven Clement** | **M. Marc Goergen** (Piraten)

An der aktueller Wunnungskris muss de Staat méi wéi jee agräifen, fir de Mënschen hei am Land en Zougang op eng Wunneng kënnen ze erméiglechen. Ee Groussdeel vun de Wunnengen léisst de Staat duerch seng ëffentlech Promoteure bauen: de Fonds du logement (FDL) an d'SNHBM. Dës bauen am Joer duerchschnëttlech eng 200 bis 300 Wunnengen an et wäerten an Zukunft nach vill méi gebaut ginn. Dat setzt viraus, dass de staatleche Wunnengsbau positiv Akzenter um Wunnmarché setzt.

Een Artikel op rtl.lu vun dem 5. August weist, dass et bei verschidde Baute vun der SNHBM ganz schlëmm Defekter gëtt. Rieds ass vu Schimmel, Infiltratiounen, enger schlechter Ventilatioun, déi fir stéckeg Wunnenge suert, a geschréipste Fënsternen. D'SNHBM reagiert am Artikel op dës Aussoen an äntwert, ënnert anerem, dass si dës Wunnengen net selwer gebaut huet, mee iwwert Sous-traitanten, déi sech missten ëm dës Problemer këmmen.



An deem Zesammenhang wéilt mir dem Minister fir Wunnengsbau dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt de Bau vu Wunnengen, déi duerch Drëtt-entreprisé realiséiert ginn, vun den ëffentleche Bau-träger kontrolléiert?
2. Wéi gëtt d'Qualitéit an d'Salubritéit vun de staat-leche Wunnenge bei der Bauofnam an och duerno sécher-gestallt?
3. Wéi vill Plaintë wéinst esou Defekter gouf et vusäit-vun den Awunner a Locataire vun ëffentleche Wun-nengen an de leschten zéng Joer, opgeschlësst no Joer?
4. Bei wéi ville Wunnenge vun der SNHBM an dem FDL, déi an de leschte 15 Joer vun den ëffentleche Bau-träger gebaut gi sinn, goufen Defekter gemellt oder constatéiert? Wéi vill Prozent vum Total vu gebaute Wunnenge sinn dat?

**Réponse** (15/09/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre du Logement

ad 1. De Fonds du logement als ëffentleche Promo-teur geréiert all Bauprojet als Maître d'ouvrage a suert fir eng enk an duerchgoend Kontroll vun den Drëttentreprisen, déi fir hien d'Aarbechten ausféieren. All Bauprojet gëtt vun enger Ekipp aus dem Service construction (zesummegesat aus engem Chef de pro-jet, engem Chargé d'opération an engem Gestionnaire de chantier) vun der Planung bis zum Ofschluss vun den Aarbechte begleet. Dobäi gi reegelméisseg Visi-ten op de Chantieren duerchgefëhrt. D'Kontroll vun den Drëttentreprisen ass duerch intern Prozedure ge-reegelt an d'Qualitéit vun den Aarbechte gëtt souwuel bei der Bauofnam souwéi och bei de „constats inter-médiaires“ um Chantier iwwerpréift an dokumentéiert.

Donieft schafft de Fonds du logement mat externen Architekten-, Ingenieurbüroen a Bureaux de contrôle zesummen, déi als Maître d'œuvre op de Projeten intervenéieren a fir déi néideg Opsicht vun de Bau-entreprisé suergen.

D'SNHBM schafft souwuel mat interne wéi och mat externen Architekten an Ingenieuren. Fir all Projet gëtt et eng intern Ekipp bestoend aus engem Chef de projet (internen Architekt), engem Ingenieur an engem Coordinateur de chantier. Während de Coordi-nateur de chantier en permanence op engem Chantier säi Büro huet, sinn de Chef de projet an den Ingenieur bei relevanten Etappen um Chantier. En normale Chan-tier bei der SNHBM huet op d'mannst 25 Wunnunitéi-ten. De Rôle vum Coordinateur de chantier ass nieft der Gestiou vun den Entreprene, déi op engem Chan-tier schaffen, virun allem och eng Kontroll vun den Aar-bechte vun den Entreprene. Sou gëtt eng gutt Qualitéit vun de Wunnenge sécher-gestallt.

Reegelméisseg Chantiersreuniounen a Visite mat den Entreprene stëlle sécher, dass den Oflaf awer och d'Qualitéit kontrolléiert a superviséiert ginn. Chantiers-rapporten dokumentéieren a suivéieren den État d'avancement. Reegelméisseg gräift d'SNHBM och op en externe Bureau de contrôle zeréck.

Am Fall vum Projet vum Kierchbiere ass de Projet iwwer e Concours ausgeschriwwen a vun engem externen Architekt geplangt ginn. En externe Bureau d'ingénieur hat eng Komplettmissioun. Op der Säit vun der SNHBM war déi uewe beschriwwen Ekipp en place.

ad 2. Bei der Bauofnam vun de Wunnenge vun den ëffentleche Promoteure SNHBM a Fonds du logement ginn, wéi an der Äntwert op d'Fro 1 beschriwwen, déi néideg Kontrollen duerch déi intern an extern Experten duerchgefëhrt, op Basis vun den interne Prozeduren an de professionelle Standards. Doduerch ass sécher-gestallt, dass nëmme Bauprojeten opgeholl ginn, déi all Qualitätskriterien respektéieren.

Fir déi Gebaier a Wunnengen, déi verlount ginn, këm-mert sech während der gesamter Liewensdauer de Service gestion du patrimoine ëm den techneschen Ennerhalt a Suivi. De Chargé de patrimoine zesumme mat Mataarbechter um Terrain si responsabel, fir d'Kontrollen vun der Qualitéit duerchzuféieren, déi néi-deg Maintenancearbechten duerchzuféieren a bei eventuellen technesche Problemer ze intervenéieren. Dobäi ginn och souwuel reegelméisseg wéi punktuell Visiten an de Wunnenge gemaach.

Fir déi laangfristeg Qualitéit vun de Wunnengen ze ga-rantéieren, hunn de Fonds du logement an d'SNHBM och Maintenancekontrakter mat Drëttentreprisen, déi spezifesch Kontrollen an Aarbechten ausféieren.

De Service gestion du patrimoine ass beim Fonds du lo-gement a regional Gruppen opgedeelt. Bei der SNHBM funktionéiert de Service ouni intern Regionaliséierung.

ad 3. An de Joren 2019–2021 gouf et beim Fonds du lo-gement an der Moyenne dräi Plaintë wéinst Problemer mat Schimmel, Infiltratiounen, oder enger schlechter Ventilatioun. All Plainte vun engem Locataire vum Fonds du logement gëtt vun den interne Servicier ana-lysiert an traitéiert.

Fir déi Jore virdru sinn déi Donnéeën net disponibel.

D'SNHBM hat an de leschte véier Joer dräi Chantieren, wou gréisser Interventiounen vum Service après-vente noutwenneg waren. Déi Problemer sinn alleguer duerch de Service après-vente an an der Reegel mat der ausféierender Entreprise am Kader vun de Garan-tie biennale an décennale behuue ginn.

D'SNHBM feiert keng Statistike pro Joer.

ad 4. Wéi beschriwwen kann en Defekt eng Aganksdier sinn, déi muss ajustéiert ginn, bis hin zu gréisseren Interventiounen. Et ass leider net méiglech ze soen, wéi vill Wunnengen an de leschte 15 Joer vun Defek-ter betraff waren.

Am Fall vun Defekter ginn déi zesumme mat de jee-weilegen Entreprene behuuewen, entweeder am Kader vun der Garantie biennale respektiv décennale oder duerch spezifesch Kontrakter.

### Application de la loi relative à la protection des animaux | Question 6626 (08/08/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

An engem Artikel op rti.lu vum 27. Juli 2022 heescht et: „D'Déiereschutzgesetz vum 2018 wier gutt, mee et géif net ëmgasat ginn, soen d'Vertrieber vun diversen Déiereschutzorganisatiounen.“

Rieds geet an dësem Reportage vun iwwerfëllten Déierenasyler ronderëm d'Land: Et feelt entweeder u Plazen an den Opfangstatiounen oder jee no Re-gioun fënnt een iwwerhaupt keng Opfangstatioun oder en Déierenasyl. Et gëtt och doriwwer bericht, dass d'Situatioun vun de Sträinerkazen sech net ver-bessert hätt: Ëmmer nach si vill Kazen net steriliséiert, esou wéi dat och scho virum Déiereschutzgesetz de Fall war, an d'Déierenasyler kommen dowéinst dem héijem Zoulaaf net méi no.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministere fir Landwirtschaft an Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwéck-lung dës Froe stellen:

1. Wéi wäert de Minister de Bedierfnisser vun den Déiereschutzorganisatiounen entgéintkommen an ass de Minister bereet, dofir déi néideg Suen an de Grapp ze huelen, fir d'Situatioun vun den Hausdéie-ren am Land ze verbesseren?

2. Wien als Bierger an een Déierenasyl urifft, dee kritt heiandsdo nëmme den Anruufbeantworter op den Te-lefon. D'Déierenasyler sinn och net 24/7 op, soudass d'Leit heiandsdo mat verletzte Wëlddéiere virun enger eideler Opfangstatioun stinn. Ass de Minister bereet, hei d'Suen an de Grapp ze huelen, fir dass plazeweis Déierenasyler an Opfangstatiounen 24/7 kënnen ope-rationell sinn?

3. Mat wéi vill Euro ginn d'Déierenasyler (opgeléicht no Asyl) aktuell subventionéiert? Wéi huet sech dës Montant zënter 2017 entwéckelt (opgeléicht pro Joer)?

4. A verschiddene parlamentaresche Froen hat ech no-gefrot, firwat zu Lëtzebuerg keng permanent Opfang-statiounen fir Notzdéieren existéieren. An der Äntwert op d'Fro Nr. 6330 erkläert de Landwirtschaftsminister, dass „eng Opfaangstruktur permanent oprecht ze ha-len en zimmlech groussen Opwand“ wier. Wéi een „Op-wand“ wier d'Regierung bereet ze maachen, fir esou Opfaangstrukturen opzerichten?

**Réponse** (22/09/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Den Art. 6 (3) vum Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 erméiglecht et den Déiereschutzorganisa-tiounen, een Agreement fir hir Aktivitéiten unzufroen. An deem Kader kënnen si dann och eng Demande fir Subventiounen stellen, fir vum Landwirtschaftsminis-tère finanziell ënnerstëtzt ze ginn.

ad 2. D'Déierenasyler gi vun deene jeeuweilegen zou-stännegen Organisatiounen geréiert, déi och d'Öff-nungszäite bestëmmen. Verletzt Wëlddéiere gi vum Centre de soins pour la faune sauvage vun Diddeleng opgeholl. Säit 2018 gëtt et véier Drop-off-Statiounen am Land, wou 24/7 Wëlddéieren, déi Fleg brauchen, kënnen ofgi ginn, soudatt no deenen Déiere gekuckt ka ginn. Sougutt d'Déierenasyler wéi och de Centre de soins de la faune sauvage (CDS) zu Diddeleng kënnen eng Demande beim Ministère maachen, fir finanziell ënnerstëtzt ze ginn, wat och geschitt.

ad 3. (Tableau à consulter auprès de l'Administration par-lementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

De MECDD ënnerstëtzt säit ville Joren déi alldeelech Aarbecht vum Centre de soins pour la faune sauvage zu Diddeleng, konform zum Naturschutzgesetz, mam Zil, Wëlddéieren erëm zeréck an d'Natur ze entloos-sen.

Hei déi finanziell Ënnerstëtzung, déi de CDS iwwer eng Konventioun vun 2017–2022 kritt huet:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlemen-taire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Déi finanziell Ënnerstëtzung ass iwwer déi lescht Jore substanzuell ugepasst ginn, fir der geklommener Un-zuel un Déieren, déi vum CDS en charge geholl ginn, gerecht ze ginn.

Zousätzlech ginn déi lafend Aarbechten, fir de CDS ze vergrësseren an ze moderniséieren, mat engem maxi-male Gesamtmontant vun 1.250.000 € subventionéiert.

D'Asyler, wéi och de CDS, sinn trotzdeem weiderhin ugewisen op Spenden a Benevoller.

ad 4. Transporter mat Notzdéieren, déi d'urgence mussen ofgeluede ginn, oder Saisie vun Notzdéiere wéinst Netanhalte vun de Konditiounen vun der Déiere-schutzgesetzgebung kommen net all Dag respektiv net sou heefeg vir, sou datt eng Opfaangstruktur zu deem Zweck ee groussen Opwand wier, ouni datt se vill gebraucht géif ginn.

**Réglementation concernant le port d'un burkini** |  
Question 6628 (08/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

De Burkini, also eng Burka fir ze schwammen, ass ee kontrovers Theema zu Lëtzebuerg, wéi och an aneren europäesche Länner. Mat der Schwammsaison gëtt dat Theema ëmmer op en Neits diskutéiert, an dobäi kommen ënnerschiddlech Perzeptionen zum Ausdruck: Fir déi eng Leit erlaabt et de Burkini muslimesche Fraen, trotz strenge reliéise Virschrëften, an d'Schwämm ze goen an doduerch eppes fir hir Gesondheet ze maachen. Fir déi aner ass de Burkini een Ausdrock vun Ënnerdrückung, feelplatzéiert an enger offener Gesellschaft. Zu Lëtzebuerg ass d'Droe vun engem Burkini gesetzlech weeder verbueden nach erlaabt. Déi staatlech Instanze verweisen dohier op Nofro hi grondsätzlech op d'Responsabilitéit vun de Gemengen.

D'Gemenge selwer sinn awer dacks iwwerfuert, wat den Ëmgank mat deem Kleedungsstéck ugeet. Eis ass ee Fall aus enger Gemeng am Osten (Gréiwemaacher) zu Ouere komm, wou anscheinend säit e puer Wochen de Burkini an der ëffentlecher Schwämm zougelooss ass, obschonn d'Reglement, dat an der Schwämm aushängt, festleet: « Le port d'un maillot de bain conforme aux bonnes mœurs est obligatoire. Pour des raisons d'hygiène, le port de shorts ou bermudas jusqu'aux genoux est interdit. Il relève de la compétence des maîtres-nageurs de juger si le maillot de bain est conforme ou non. »

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Madammen Integratiounsminister, Banneminister, Gesondheitsminister a Justizminister:

1. Wéi stinn d'Madammen Ministeren zur Tatsaach, dass hei am Land – well et a Saache Burkini keng national Reglementatioun gëtt an och d'Gemenge selwer sech an deem Dossier dacks wëllen eraushalen – d'Schwammmeeschteren a leschter Instanz decidéiere kënnen a sollen, wéi mat engem reliéise Symbol vu grousser gesellschaftlecher Brisanz – well dat ass de Burkini – ëmzegoen ass?

2. A Frankräich huet viru Kuerzem de Conseil d'État eng Entscheedung vum Stadrot vu Grenoble gekippt, de Burkini – wéi och d'Ewechloosse vun engem Kleedungsstéck – beim Schwammen ze erlaben. Dat iewescht franséisch Verwaltungsgericht huet dës Decisioun domat begrënnt, d'Entscheidung vum Stadrot vu Grenoble hätt d'Zil gehat, reliéise Forderungen ze erfüllen, an hätt domat de Prinzipp vun der Neutralitéit vum ëffentlechen Dëngscht verletzt. Ass d'Regierung och der Meenung, wéi de franséische Staatsrot, dass d'Erlabe vum Burkini am ëffentleche Raum eng Konzessioun u radikal reliéise Forderungen vun enger Minoritéit duerstellt an net mat der Iddi vun Trennung vu Kierch a Staat kompatibel ass?

3. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Erlabe vum Burkini bei gläichzäitegem Verbuet vu Shorten an „normaler“ Ganzkierperbekleidung an de Schwämm keng Form vun Diskriminierung géint Leit duerstellt, déi aus wéi enge Grënn och ëmmer laang Schwammböden undoe wëllen?

4. Wat d'Sécherheet vun de Schwammgäscht, an éischter Linn vun de muslimesche Fraen, déi ee Burkini droen, ugeet, ass et eng Tatsaach, dass et mat enger Ganzkierperbekleidung méi schwéier ass ze schwammen an dass et am Erdrückungsfall och méi schwéier ass, déi betreffend Persoun ze retten. Derbäi kënn, dass ee Burkini un e Schleier gekoppelt ass, deen sech am Noutfall verfänke kann. Ass d'Regierung opgrond vun dese Sécherheitsrisiken, déi mat engem Burkini

verbundene sinn, net der Meenung, dass de Staat hei seng Verantwortung iwwerhuele misst an de Burkini verbidden sollt?

5. Am Reglement vun der uewe mentionéierter ëffentlecher Schwämm heescht et: « L'accès n'est pas permis aux personnes ayant une maladie transmissible pouvant constituer un danger pour la santé des autres usagers. » Kënnen d'Madammen Minister erklären, wéi ee Schwammmeeschter gesi kann, ob eng Fra, déi ee Burkini unhuet, aus hygieeneschen oder gesondheetleche Grënn vum Schwamme misst ausgeschloss ginn?

**Réponse** (15/09/2022) de **Mme Taina Boffending**, Ministre de l'Intérieur | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

Den Deputéierten informéiert sech iwwert d'Droe vum Burkini an ëffentleche Schwämmen. Souwäit d'Gemengen als Bedreier vu Schwämme beträff sinn, ass ze soen, dass de Gemengerot a senger Kompetenz, fir ëffentlech Uerdnung ze suergen, Reglementer kann erloossen, déi ënnert anerem d'Sécherheet an d'Hygiène solle garantéieren. Well d'Droe vun engem Burkini an enger Schwämm weeder e Sécherheits- nach en Hygiënesrisiko duerstellt, gëtt et keng objektiv Ursaach, dass eng Gemeng et verbitt.

Et kann een am Kontext vun de Gemengereglementer och guer net vum engem explizitten „Erlabe vum Burkini“ schwätzen. Dofir eriwieren sech d'Äntwerten op d'Froen 2 an 3.

A priori kann een ustiechend Krankheeten net direkt mam bloussen A erkennen, soudass de Critère vun der Schwammtenue hei net relevant ass.

**Sécurité des dépôts de munitions de l'Armée luxembourgeoise** | Question 6629 (08/08/2022) de **M. Sven Clement** | **M. Marc Goergen** (Piraten)

De 4. August ass um Sprengplatz vun der Berliner Police ee Feier ausgebrach. Dat explosiivt Material, wéi Bomben a Feuerwerkskierper, ass dobäi a Brand geroden an explodéiert. D'Feier huet sech séier ausgebreit a konnt och fënnf Deeg méi spéit nach net ganz gelöscht ginn.

Hei am Land kämpfe mir momentan och géint Dréchent an d'Waldbrandgefor ass erhéicht. D'Lëtzebuerger Arméi huet an deem Kontext och Depote mat explosivem Material a Waffen a Bëscher.

An deem Zesammenhang wëlte mir dem Minister fir Verdeedegung dës Froen stellen:

1. Gesäit de Minister och hei zu Lëtzebuerg eng zousätzlech Gefor duerch d'Dréchent, wat dës Depoten ugeet? Wa jo, wat fir Schrëtt gi geholl, fir d'Entflammung vun deem Material esouwäit wéi méiglech ze verhënneren? Wann nee, firwat net?

2. Wat fir Schrëtt si virgesinn, sollt esou een Depot a Flame geroden?

3. Wéi zu Berlin, läit och hei zu Lëtzebuerg d'Autobunn A7 net wäit ewech vun deem Depot. Wéi eng Schrëtt sinn an deem Kontext virgesinn, sollt den Depot a Flame geroden?

**Réponse** (02/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Défense

ad 1. D'Dréchent vun de Bëscher stellt eng allgemeng Gefor duer, déi awer am Depot vun der Arméi net méi grouss ass wéi soss am Land.

D'Munitioun um Depot gëtt a reglementéierte Verpackungen stockéiert an dobäi gi ganz strikt Sécherheitsmesuren applizéiert. Déi Sécherheitsmesur

baséiere sech op den NATO-Standard AASTP-1 „NATO Guidelines for the storage of military ammunition and explosives“. D'Gestonnair vum der Munitioun bei der Arméi gi speziell op deem Standard ausgebilt.

D'Arméi schafft momentan, zesumme mat der Verwaltung fir ëffentlech Bauten, un engem Reamangement vum Munitiounsdepot. Et ass geplangt, dee Gesetzesprojet nach an dëser Legislaturperiod ze deposéieren. Domadder wäerten d'Sécherheitsmesuren am Allgemengen nach eng Kéier verbessert ginn.

ad 2. an 3. D'Arméi hält sech och an deem Fall un d'Virgawe vum AASTP-1. Ronderëm d'Hangare si Merlonen a Feierschneisen an et ginn elo och nach zousätzlech Feierlächser an anert Material (Feierpatzen, Feierhoken, Sandkiwwelen, Schëppen, Eemer) bei den Hangaren en place gesat.

D'Feierbekämpfung selwer wäert, am Fall vun engem Ongléck, vum CGDIS assuréiert ginn – dofir steet d'Arméi an enkem Kontakt mam CGDIS.

Finalemment gëtt et véier ënnerierdesch Läschaasserbasengen à 100.000 Liter pro Baseng.

**Association « Mäi Wëllen, Mäi Wee »** | Question 6630 (08/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Mam Gesetz vum 16. Mäerz 2009 iwwer d'Euthanasie an d'Bäihëllef zum Suizid ass Lëtzebuerg, no Holland an der Belsch, zum drëtten EU-Memberstaat an iwwerhaupt zu engem vun deenen éischte Staate weltwäit ginn, déi d'Euthanasie legaliséiert hunn. Dës Gesetz schreift ënner anerem explizitt vir, dass d'Entscheidung fir d'Euthanasie oder den assistéierte Suizid ouni Drock vu bausse getraff muss ginn.

Datt een hei zu Lëtzebuerg also säit 2009 ënner gewësse Bedingungen d'Recht huet, sech euthanaséieren ze loosse, dorop fokusséiert sech d'Informationsaarbecht vum „Service d'écoute et d'accompagnement“ (SEA) vun der Vereenegung „Mäi Wëllen, Mäi Wee“, ee Service, dee mam Familljeminstère konventionéiert ass.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Madammen Familljeminstère:

1. Wéi steet d'Madammen Minister zur Iwwerleeung, dass déi finanziell Ënnerstëtzung vum Staat fir eng Associatioun, déi d'Euthanasie aktiv promouvéiert, ka problematesch sinn? Geet et net duer, dass de Staat ënner gewësse Bedingungen d'Euthanasie erlaabt? Muss e se och nach ënnerstëtzen? Misst de Staat net un éischer Plaz fir d'Palliatiivmedezinn anrieden an déi promouvéieren an ënnerstëtzen?

2. Ass d'Madammen Minister der Meenung, dass d'Aarbecht vun esou enger Vereenegung, déi ee Stierwen – wéi si behaupt – „an Dignitéit“ promouvéiert, net dozou bäidroen kéint, den Drock op verschidde Leit ze erhéien, déi trotz onheeler Krankheet een natierlechen Doud engem kënschtlechen Doud virzéien? Besteet net d'Gefor, dass dës Leit sech an hiert Liewen als „onwierdeg“, respektiv als Laascht fir Drëtter, empanne kéinten?

3. Gesäit d'Madammen Minister de Risiko, dass d'Promotioun vun der Euthanasie den Drock op d'Dokteren erhéien kéint an dass vun hinne gefuerdert gëtt, Leit doud ze maachen?

**Réponse** (12/09/2022) de **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

ad 1. D'Regierung ënnerstëtzt d'Palliatiivfleeg. Esou ass, nom Akraafttriede vun den zwee Gesetzter vum 16. Mäerz 2009 iwwert Palliatiivfleeg<sup>7</sup> an d'Euthanasie<sup>8</sup>,

<sup>7</sup> Loi du 16 mars 2009 relative aux soins palliatifs, à la directive anticipée et à l'accompagnement en fin de vie

<sup>8</sup> Loi du 16 mars 2009 sur l'euthanasie et l'assistance au suicide



d'groussherzoglecht Reglement iwwert den Agreement fir Servicer fir eeler Leit op den 10. Dezember 2009<sup>9</sup> adaptéiert ginn, fir kënnen eng adequat Prise en charge bis zum Liewensenn ze garantéieren.

Et ass der Regierung wichteg, d'Recht op Informatioun an Entscheedungsfräiheet um Liewensenn fir jiddereen ze garantéieren. Et ass d'Aufgab vun den Associatiounen „Omega 90“ a „Mäi Wëllen, Mäi Wee“, d'Gesellschaft ze sensibiliséieren, fir dass jidder Eenzel säi ganz perséinleche Choix zum Liewensenn maache kann. Am Respekt vun dësem Choix sollen d'Leit dann op hirem Wee begleet ginn.

ad 2. D'psychologesch Betreiwung vum Beträffenen ass ee wichtegt Element an der Palliativfleeg. D'Personal gëtt sensibiliséiert a forméiert, fir dem Beträffenen a sengem Ëmfeld bäistoen ze kënnen.

Am Gesetzestext iwwer Euthanasie sinn net nëmmen eng korrekt Informatioun vum Beträffenen, mee och etlech Gespréicher mam Dokter virgesinn. Dësen ass verpflichtet, sech un d'Prozedur ze halen, am Virfeld genee Informatiounen anzehuelen an op Wonsch vum Beträffene muss och d'Vertrauenspersoun an déi eventuell Fleggeequipe consultéiert ginn.

ad 3. Eng korrekt Sensibiliséierung an Informatioun iwwer Palliativfleeg an Euthanasie féiert dozou, dass d'Leit sech méi mat dësen Themen auserneeetzen. D'Regierung ass der Meenung, dass eng informéiert an opgeklärte Gesellschaft éischter den Drock vun den Dokteren hält, well si am Virfeld a Rou iwwert d'Theema vum Liewensenn mat hire Patiente schwätze kënnen.

#### Vente de stupéfiants au salon de consommation Abridago et ses environs | Question 6631 (08/08/2022) de M. Léon Gloden | M. Laurent Mosar (CSV)

D'après le rapport d'activités de 2021 de la Police grand-ducale, la structure et les environs du salon de consommation Abridago à Bonnevoie ont pu être utilisés par des narcotrafiquants pour la vente de stupéfiants à des toxicomanes. Selon le rapport, cela s'explique principalement par le fait qu'il est difficile de surveiller le terrain et les alentours de la prédite structure.

Pour citer le rapport : « Un autre phénomène également constaté au cours de l'année 2021 consistait dans le fait que des personnes originaires d'Afrique du Nord ont choisi l'institution sociale Abridago pour vendre principalement de l'héroïne, mais aussi de la cocaïne, dans les environs directs de cette structure. Ils profitent ainsi du fait que les acheteurs consomment immédiatement la drogue sur place et se sentent en sécurité car le site est difficile à surveiller. Dans ce cadre, plusieurs affaires ont été réalisées par la section stupéfiants. »<sup>10</sup>

C'est dans ce contexte que nous désirerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

1) Depuis combien de temps Madame la Ministre et Monsieur le Ministre sont-ils au courant de ce phénomène ?

2) Les ministères concernés ont-ils déjà entrepris des actions pour contrer ce phénomène ?

– Dans l'affirmative, lesquelles ?

– Dans la négative, quelles mesures Madame la Ministre et Monsieur le Ministre ont-ils l'intention de prendre pour lutter contre ce phénomène ?

3) Sachant qu'il est difficile de surveiller le site autour de la structure Abridago, a-t-on déjà réalisé des études en vue de renforcer la surveillance et la sécurité de cette structure ?

**Réponse (02/09/2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

ad 1) La vente de stupéfiants dans les alentours de la structure Abridago n'est pas un phénomène nouveau. Au vu du nombre de consommateurs qui se trouvent sur ce site, certains dealers se tiennent à proximité.

ad 2) La police obtient régulièrement des informations en provenance du milieu de la drogue, en plus de leurs propres observations et constats de la présence de vendeurs à proximité de la structure Abridago. En conséquence, des enquêtes sont menées en vue d'identifier et d'interpeller les auteurs.

De manière régulière, des vendeurs de stupéfiants sont arrêtés à proximité de la structure Abridago, soit en flagrant délit, soit dans le cadre d'enquêtes de plus grande envergure sous la direction d'un juge d'instruction.

Les différentes unités de la police se concertent fréquemment et régulièrement en interne concernant la situation générale en matière de stupéfiants dans la ville de Luxembourg, mais particulièrement pour le quartier de la Gare, Bonnevoie et la structure Abridago.

Ces réunions servent à évaluer les dispositifs policiers mis en place et à planifier des actions ciblées. Des collaborations et concertations régulières (réunions toutes les quatre à six semaines) ont également lieu entre la police, la Ville de Luxembourg les acteurs sociaux œuvrant sur le territoire de la ville. Le Ministère de la Santé, l'Administration des douanes et accises et la structure Abridago se concertent également entre eux et avec la police.

ad 3) La structure Abridago est également sécurisée et surveillée par des agents de sécurité faisant partie de l'équipe du Abridago.

#### Page Facebook « LuXembourg – Let's make it happen » | Question 6632 (08/08/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

D'Facebooksät vu „LuXembourg – Let's make it happen“ gëtt vum Bausseministère administréiert. Dat erkläert Zil vun dëser Facebooksät, wéi vun der neier Nation-Branding-Campagne allgemeng ass et, eist Land wéi eng Mark ze promovéieren. Wann ee sech déi rezent a manner rezent Posts op dëser Facebooksät ukuckt, drängt sech allerdéngs den Androck op, datt et heiands zu enger Verméschung vun „Nation Branding“ an der Promotioun vun enger politescher Agenda kënnt.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Bausseminister:

1. Kann den Här Minister preziséieren, ob et am Bausseministère Richtlinie gëtt fir dat, wat op der Facebooksät vu „LuXembourg – Let's make it happen“ geschriwwen dierf ginn, a wat net? Wa jo, wat sinn dat fir Richtlinien?

2. Kann den Här Minister déi Organisatiounen an Associatiounen nennen, déi sät der neier Nation-Branding-Campagne am heefegsten op der Facebooksät vu „LuXembourg – Let's make it happen“ gepost hunn? Gëtt et dozou Zuelematerial?

3. Si bei deene Persounen, déi op der Facebooksät vu „LuXembourg – Let's make it happen“ posten, och Leit vun der Oppositioun vertrauen? Ass op där Facebooksät also wierklech „Diversitéit“ zougelooos oder posten do just Persounen an Organisatiounen, déi enger bestëmmter politescher Richtung ugehéieren, respektiv Sympathie fir d'Regierungspolitik hunn?

4. Ziilt dës Facebooksät drop of, Mënschen op moraleschem Niveau unzespriechen? Ass den Här Minister also der Meenung, datt eng Nation-Branding-Sät eng moralesch Verpflichtung huet, am Géigesaz beispillsweis zu enger Firmewebsät, déi reng kommerziell Ziler verfollegt?

**Réponse (07/09/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes**

ad 1. Esou wéi all Promotiouns- a Kommunikatiounsaktioun vun der Promotion de l'image de marque baséiert d'Kommunikatioun iwwert d'Facebooksät vu „LuXembourg – Let's make it happen“ op der Richtlinie vun der Stratégie de promotion de l'image de marque, déi den 2. Juni 2021 vum Regierungsrat validéiert gouf, an där dräi Prioritéiten – d'Kreativitéit, d'Diversitéit an d'Nohaltegkeet – an eng Visioun – déi vun enger „Stärkung vum Positionnement vun engem engagéierte Lëtzebuerg op der internationaler Zeen, engem staarken Alliierten am Kader vun engem nohaltege Wuesstem, engem Facilitateur vun innovativen Iddie fir eng besser Welt“ – definéiert goufen.

ad 2. Op der Facebooksät vu „LuXembourg – Let's make it happen“ poste keng Organisatiounen oder Associatiounen. Déi eenzeg Instanz, déi op dëser Sät dierf posten, ass, esou wéi et fir eng Social-Media-Sät vun engem Ministère d'Reegel ass, de Service, deem d'Sät ugehéiert an zwar, an deem Fall, de Service vun der Promotion de l'image de marque vum Aussen- an Europaministère.

ad 3. Et sief hei op d'Äntwert op déi zweet Fro verweisen.

ad 4. D'Visioun vun enger „Stärkung vum Positionnement vun engem engagéierte Lëtzebuerg op der internationaler Zeen, engem staarken Alliierten am Kader vun engem nohaltege Wuesstuum, engem Facilitateur vun innovativen Iddie fir eng besser Welt“, berout op der Erkenntnis – déi och an der Stratégie de promotion de l'image de marque beluecht ass –, datt de Positionnement vu Lëtzebuerg iwwert seng reng national Interëten eraus eng grouss Roll an der Perceptioun vun onsem Land spillt. An der Promotion de l'image de marque geet et jo dréms, eis Instrumenter ze ginn, fir alle Bedeelegte vun der Promotioun vu Lëtzebuerg ze erlaben, e coherent a positivt Bild vu Lëtzebuerg a senger Wäerter no baussen ze droen.

#### Plan d'action pour la promotion de l'image de marque du pays – « Nation Branding » | Question 6633 (08/08/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Virun engem Joer hat den Här Bausseminister, zesumme mat der Cheffin vum Nation-Branding-Aarbechtsgrupp am Bausseministère, der Madamm Beryl Koltz, eng Pressekonferenz ofgehalen, an där déi nei Nation-Branding-Campagne vun der Regierung virgestallt gouf. Déi aktuell Phas vum Nation Branding soll bis 2025 lafen a gëtt mat 1,5 bis 1,8 Milliounen Euro pro Joer subventionéiert (Quell: <https://www.tageblatt.lu/headlines/nation-branding-die-zweite/>). Domat solle Projeten entwéckelt ginn, déi eist Land no bause promovéieren sollen. Dat geet awer naturgeméis just mat Leit, déi sech fir dës Projeten engagéieren, bzw. aspane loossen.

<sup>9</sup> Règlement grand-ducal du 10 décembre 2009 modifiant le règlement grand-ducal du 8 décembre 1999 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services pour personnes âgées

<sup>10</sup> Rapport d'activités de la Police grand-ducale, page 32 : <https://police.public.lu/fr/publications/2022/rapport-activite-2021-police-grand-ducale.html>

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Bausseminister:

1. Kann den Här Minister preziséieren, wéi eng Projekte konkret säit dem Juli 2021 am Kader vun der neier Nation-Branding-Campagne lancéiert goufen a wéi héich dës Projekten am Eenzelne subventionéiert goufen? Wéi eng Resultater hunn dës Projekte bis elo am Hëllef op d'Promotioun vun eisem Land ervirbruecht?

2. Kann den Här Minister confirméieren, datt dës Projekte politesch neutral sinn, dat heescht net d'Missioun hunn, déi politesch Agenda vun enger bestëmmter Partei oder vun e puer Parteien no vir ze bréngen?

3. Ass de Bausseministère konkret u bestëmmt Leit erugetrueden, fir sech fir dës Projekten ze engagéieren? Wa jo: Kann den Här Minister Prezisiounen zu dëse Leit ginn? Wéi goufen dës Mënschen ausgesicht? Sinn och „Prominenter“ derbäi? Wa jo: Wat kréien déi dofir?

4. An der mentionéierter Pressekonferenz huet den Här Minister gesot, Lëtzebuerg als dynamesch Kraaft hannernt der europäescher Integratioun wëllen ze promouvéieren. Geet den Här Minister dervun aus, datt eist Land doduerch un Attraktivitéit bei Touristen oder Studenten gewënnt, andeems et sech als Motor vun der europäescher Integratioun presentéiert? Wa jo, op wéi eng Donnéeë berufft sech den Här Minister bei dëser Thees?

5. Hat déi éischt Nation-Branding-Campagne nach op dräi Bälwierder baséiert, déi eist Land angeeblech am beschte representéieren: dynamesch, oppen a zuverlässeg, sou goufen dës dräi Referenzwäerter elo zu Kompetenzen ausgebaut, déi fir den „it“ am Slogan „Let's make it happen“ stinn: Kreativitéit, Diversitéit an Nohaltegkeet. Kann den Här Minister erklären, a wéi wäit dës dräi Kompetenzen „typesch lëtzebuergesch“ sinn an eis vun aneren europäesche Länner ënnerscheeden?

**Réponse (07/09/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes**

ad 1. Op Basis vum Aktionsplang 2021–2025, deen den 30. November 2021 vum Comité interinstitutionnel vun der Promotion de l'image de marque validéiert gouf, an deen op véier groussen Achse berout, sinn an enger éischter Phas Kommunikatiounsoulsen, déi sech besonnesch un d'Acteure vun der Promotioun vu Lëtzebuerg richten, ausgeschafft ginn. Et handelt sech hei z. B. ëm den neien Internetsite, LMIH.lu, dee säit dem 5. Juli 2022 online ass (an aktuell op Lëtzebuergesch an Englesch iwwersat gëtt), engem Handbuch (praktesch Ëmsetzung vun der Strategie), dat am Hierscht publizéiert an ausgedeele gëtt, oder och ëm en institutionelle Film „Imagine a Country“, fir deen den Inhalt vum Film vum GIE Dubai 2020 nohalteg verschafft gouf.

Éischt cibléiert Promotiounsaktiounen am Ausland sinn och entwéckelt ginn, wéi déi fir d'Staatsvisitt a Portugal, wou den Image de marque dräi Projekten ënnerstëtzt huet (d'Ausstellung „Portugal-Lëtzebuerg – Pays d'espoir en temps de détresse“, d'Fresque murale vum Lëtzeburger Kënschtler Alain Welter an d'Campagne am effentlechen Transport zu Lissabon a Lëtzebuerg). Eng aner Aktioun, déi aktuell a Virbereedung ass, wäert de Fokus wärend dem Cinéma Filmfestival zu Montreal op Lëtzebuerg leeën, dat duerch e Film an en informative Lettrage.

Parallell sinn och Kommunikatiounsoulsen fir den internationale Publikum konzipéiert ginn: eng Webserie „Faces of Luxembourg“, an där et drëms geet, d'Gesichter vu Lëtzebuerg duerstellen an eng Multimediale Campagne „Our common ground“, an där et drëms

geet, den Narrativ vun der Strategie vu Lëtzebuerg als „Terre de cultures commune“ ëmzesetzen. Béd Projekte ginn ab der Rentrée verfilmt.

Dobäi komme Projekte wéi déi fir Chrëschttag a fir Nationalfeierdag, esouwéi och d'Partenariater mat enger Rei Evenementer, wéi ë. a. Lët'z Arles, de Ladies Tennis Masters, Esch2022, d'Biennale de Venise oder de Luxembourg City Film Festival.

Och bei Appels à projets, déi sech a Prioritéit vun der Strategie aschreiwën, wéi z. B. de Circular by Design Challenge vu Luxinnovation gouf matgeschafft.

Eng koordinéiert Methodologie fir d'Evaluatioun vun de Promotiounsaktiounen ass amgaangen, mat all de Partner ausgeschafft ze ginn.

ad 2. Jo.

ad 3. D'Objektiv vun der neier Strategie ass, „d'Wäerter a Gesichter vu Lëtzebuerg“ bekanntzemaachen (fr. „faire connaître les valeurs et les visages du Luxembourg“), wéi z. B. duerch de Projet vun der Webserie „Faces of Luxembourg“. Hei sinn awer net prioritär prominent Gesichter, mee all d'Gesichter vu Lëtzebuerg gemengt, déi d'Gesellschaft evoluéieren doën, dat besonnesch a Relatioun zu den dräi Prioritéiten: d'Kreativitéit, d'Diversitéit an d'Nohaltegkeet. Am Hannergrond wäert gewise ginn, wéi Lëtzebuerg d'Roll vun engem Facilitateur vun hirem Parcours spillt oder gespillt huet. Dës Leit sinn net dofir remuneréiert.

ad 4. D'Visioun vun enger „Stärkung vum Positionnement vun engem engagéierter Lëtzebuerg op der internationaler Zeen, engem staarken Alliiéierten am Kader vun engem nohaltege Wuesstum, engem Facilitateur vun innovativen Iddie fir eng besser Welt“, berout op der Erkenntnis – déi an der Strategie de promotion de l'image de marque beleucht ass – datt de Positionnement vu Lëtzebuerg iwwert seng reng national Interëten eraus, eng grouss Roll an der Perception vun onsem Land spillt. De staarken Engagement vu Lëtzebuerg fir d'europäesch Integratioun ass natierlech ee wichteg Element an deem Kontext.

ad 5. D'Theeme vun der Kreativitéit, der Diversitéit an der Nohaltegkeet baséieren sech an der Strategie op d'Lëtzeburger Referenzwäerter (dynamesch, oppen a fiable). Si sinn als prioritär Theemen, am Aklang mat der allgemenger Visioun, déi an der Strategie developéiert gëtt an déi Lëtzebuerg als ee positive globale Player positionéieren, proposéiert.

**Consommation de gaz | Question 6634 (08/08/2022) de Mme Carole Hartmann | M. Max Hahn (DP)**

Wéinst dem Risk vun enger Gasknappheet am Wanter am Kontext vum Ukrain-Krich huet d'EU de 26. Juli 2022 beschloss, dass d'Memberstaaten hire Gasverbrauch fräiwëlleg ëm 15 % tëscht dem 1. August 2022 an dem 31. Mäerz 2023 solle reduzéieren.

D'EU-Reegele fir d'Versuerungssécherheet vum Gas garantéieren, datt „geschützte Clienten“, nämlech Privatstéit a weesentlech sozial Servicer wéi z. B. Spideeler, Altersheemer a Schoulen, vun all Gasratiounsmoossnamen ausgeholl sinn.

An deem Kader wollt mir dem Här Energieminister follgend Froe stellen:

1. Wéi vill Gas hu prozentual an de leschte fënnf Joer zu Lëtzebuerg Privatstéit, Verwaltungen, Gemengen, mëttelstänneg Betriber, gréisser Betriber an Industrie verbraucht?

2. Am Fall vun engem Gasenpass ass et wichteg, preparéiert ze sinn a kënnen op eng wirtschaftlech

effizient a solidaresch Manéier ze reagéieren. No wécher Prioritéitskrittären a Prinzipie gedenkt de Minister an deem Fall, d'Verdeelung vu Gas u mëttelstänneg Betriber, gréisser Betriber an un d'Industrie festzelleen?

**Réponse (22/09/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie**

ad 1. an 2. Sou wéi am järeliche Rapport „Chiffres clés du marché du gaz naturel“ vum Institut luxembourgeois de régulation (ILR) ze liesen ass, gëtt de Joresverbrauch a véier Haaptkategorien opgedeelt, woubäi déi kleng a mëttelgrouss Betriber souwéi och d'Gemengen an d'Administratiounen haaptsächlech an der zweeter Kategorie vun de „Professionelle Clienten (< 280 GWh/a)“ ermëzefanne sinn, souwéi am Tableau heidrënner opgelëscht:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Effentlech Verwaltungen, déi der Administration des bâtiments publics ënnerstinn, maachen an dëser Statistik eppes manner wéi 10 % vun de professionelle Clienten mat enger Consumatioun vu manner wéi 280 GWh am Joer aus.

Am Fall vun enger Kris um Gasmarché huet Lëtzebuerg, souwéi all Memberstaat, en Noutfallplang opgestallt, dee konform zum EU-Reglement 2017/1938 iwwert d'Versuerungssécherheet am Gas all zwee Joer à jour gesat muss ginn. Déi lescht Versioun vum Oktober 2020 ass amgaangen ugepasst ze ginn, fir der aktueller Situatioun an der eventueller Noutwendegkeet vu méi laangfristeger Kierzung Rechnung ze droën. Am Noutfallplang wäerte souwuel fräiwëlleg wéi och obligatoresch Mesurë virgesi ginn, fir de Gasverbrauch bei all de Kategorie vu Verbraucher jee no Gravitéit vun der Kris ze reduzéieren. Industrieclienten kréien d'Méiglechkeet, fir ënnertenee Flexibilitéit spillen ze loosse, falls ee Client eventuell méi kann aspuere wéi en aneren a fir doduerch eng wirtschaftlech-effizient a solidaresch Allokatioun ze erreechen. Och wann Haushaltsclienten als geschützt gëllen an deemno net dierfen ofgeschalt ginn, sou kënnen och déi am Kader vun hire Méiglechkeeten eng Contributioun leeschten a ginn deemno och an déi Laaschtreduktiounsmesuren opgeholl. Den ugepasste Plang muss bis spéitstens am Oktober zu Bréssel notifiéiert ginn.

Och déi national Energiespuercampagne, déi den 8. September der Effentlechkeet virgestallt ginn ass, gëtt als wichtigen Deel vun deene Mesuren am Noutfallplang opgeholl, fir op deene aktuelle Gasenpass an Europa ze reagéieren.

**Travaux d'intérêt général | Question 6636 (09/08/2022) de M. Fernand Kartheiser | M. Roy Reding (ADR)**

An hirem Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4648 vun den honorablen Deputéierte Mars Di Bartolomeo an Dan Biancalana iwwer d'Travaux d'intérêt général (TIG) zu Lëtzebuerg schreift d'Madamm Justizminister, datt am Joer 2020 am Ganzen 68 vun 148 TIG-Strofen net oder net ganz exekutéiert goufen. 80 verurteelt Persounen sinn dat Joer also net nëmmen enger Prisonsstrof (vun net iwwer sechs Méint) entkomm, déi hätt kënne géint si ausgesprach ginn, mee och enger „Substitutionsstrof“ a Form vu Sozialarbecht, déi relativ heefeg zu Lëtzebuerg ausgesprach gëtt, fir déi souwisou iwwerlaaschte Prisons net weider ze beaaschten. D'Madamm Minister huet op divers Ursachen verwisen, déi dozou bäigedroën hunn, datt sou vill



TIG-Strofen un de Service central d'assistance sociale (SCAS) zréckverwise goufen.

An deem Zesammenhank hu mer folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wéi vill TIG-Strofe goufen 2021 ausgeschwat? Wéi vill vun dese Strofe goufe bis elo ganz exekutiert?

2. Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi vill vun de Verurteilten zum Zäitpunkt vum Urteel mannerjäreg waren? Wéi vill vun dese mannerjärege Verurteelter hu bis elo hir TIG-Strof ganz ofgeleescht?

3. Leien der Madamm Minister Zuele vir, déi beleëen, wéi vill mannerjäreg Persounen d'lescht Joer weinst Kierperverletzung zu enger TIG-Strof verurteilt goufen a wéi vill der vun hinnen hir Strof ganz ofgeleescht hunn? Kann d'Madamm Minister preziséieren, a wéi enge Strukture si hir Strof ofgeleescht hunn?

4. Wat ënnerhuelen déi zoustänneg Instanzen, wann déi verurteilt Persoun sech net méi manifestéiert, wa se net méi ze errechen ass oder wa se hir Sozialaarbecht net innerhalb vun der festgesater Frist ofleescht?

5. An der selwechter Äntwert schreift d'Madamm Minister: « Néanmoins, le système informatique des autorités judiciaires ne recense pas le nombre de révocations de TIG. » Aus wéi enge Grënn ginn des Zuelen net erfaasst?

**Réponse** (31/08/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

ad 1. Am Joer 2021 goufen am Ganzen 133 TIG-Strofen ausgeschwat (107 vum Bezirksgeriicht Lëtzebuerg a 26 vum Bezirksgeriicht Dikrech).

Am Joer 2021 ass de SCAS mat 153 TIG-Strofe saisiéiert ginn, vun deenen awer eng Rei op Decisiounen vu virun 2021 baséieren.

Dovunner goufen 147 TIG-Strofen als Hauptstrof direkt vum Geriicht gesprach, a sechs sinn d'Resultat vun enger Strofmwandlung („commutation de la peine“). Des Strofmwandlung ka vum Délégué vum Procureur général, deen zoustänneg fir de Strofvollzug ass, decidéiert ginn, wann d'Geriicht eng Prisonsstrof vu maximal sechs Méint gesprach huet.

Am Joer 2021 sinn 130 TIG-Strofe ganz exekutiert ginn, wuelbemierkt, datt des Zuel sech net nëmmen op Gerichtsdecisiounen vun 2021 baséiert, mee och op Gerichtsdecisiounen vun de Jore virdrun. Den informatesche System vun de Justizautoritéite fir d'Gestioun vun den Dossieren erlaabt et nämlech net, e Lien tëschent de Gerichtsdecisiounen an de Mandater vum SCAS fir ee präzielt Joer ze maachen.

ad 2. an 3. Et muss virop präziséiert ginn, dass et zwee Zenarie ginn, an deenen e Mannerjärege kann zu Sozialstonne verurteilt ginn.

Vu dass Mannerjärege duerch d'Jugendschutzgesetz am Prinzipp nëmme kënnen fir hir Strofdote virun e Jugendgericht kommen, wat och nëmmen déi Mesurë spräche kann, déi am Jugendschutzgesetz stinn, an d'TIG-Strofen am Code pénal ageschriwwen sinn, kënnen des Mannerjärege net zu TIG-Strofe verurteilt ginn.

Si kënnen awer vum Jugendrichter, bzw. vum Jugendgericht, „prestations philanthropiques“ ugeuerdent kréien, déi och eng Aarbecht am Sënn vun der Allgemengheet beinhalten.

Anerersäits kënnen Mannerjärege, déi zur Zäit vun der Strofdot méi wéi 16 Joer al sinn, ausnamsweis vun engem Erwuessengericht verurteilt ginn, wann eng Jugendschutzmesur sech als inadequat géif eraustellen. An deem Kontext kéint e Mannerjärege also zu enger TIG-Strof verurteilt ginn.

Am Joer 2021 ass awer kee Mannerjärege zu enger TIG-Strof verurteilt ginn.

Wat d'„prestations philanthropiques“ ubelaangt, goufen 2021 71 esou Mesurë vun de Jugendrichter ugeuerdent (66 vum Bezirksgeriicht Lëtzebuerg a fënnf vum Bezirksgeriicht zu Dikrech). De SCAS ass 2021 och mat 71 Mandater fir Prestations philanthropiques saisiéiert ginn, vun deenen awer eng Rei op Decisiounen vu virun 2021 baséieren. 61 Mannerjärege hunn hir Prestations philanthropiques ganz ofgeleescht.

Am Joer 2021 goufen an 100 Fäll Prestations philanthropiques weinst Kierperverletzung gesprach. Des Zuel ass méi grouss wéi déi vun 71, wat sech do duerch erkläert, dass a verschiddenen Urteeler méi wéi eng Strofdot zeréckbehalen gouf.

D'Mannerjärege hunn hir Prestations philanthropiques a sougenannten „ateliers protégés“ (APEMH, Parc Merveilleux, Betzdorf), a sozialen Epicerien, Gemeindegesservicer an an Altersheemer ofgeleescht.

ad 4. De SCAS, Service TIG, informéiert den Délégué vum Procureur général, deen zoustänneg fir de Strofvollzug ass, datt d'Persoun sech net méi beim Service mellt oder sech ni gemellt huet.

Desé léisst d'Persoun bei der Police signaléiere mat der Ufro, am Fall vun enger Interpellatioun vun der Persoun sief dorop hinzewisen, dass si sech esou séier wéi méiglech beim SCAS melle soll.

Falls d'Persoun der Nofro net nokënnt, ka se poursuivéiert ginn, vu datt de Fait, seng TIG-Stonnen net ofgeleeschten, bzw. de Fait, des net an der festgesater Frist ofgeleeschten, eng Strofdot ass (zwee Méint bis zwee Joer Prisong).

ad 5. Den informatesche System vun de Justizautoritéiten ass net konzipéiert ginn, fir all eenzel Mesur, déi an engem Gerichtsossier decidéiert gëtt, ze erfaassen. Et sief awer präziséiert, dass d'Revokatiounen an de jeeweilegen Dossieren agedroe ginn.

#### ..... **Carte d'identité des enfants dans le cadre d'un divorce des parents** | Question 6637 (09/08/2022) de **M. Max Hengel** (CSV)

No enger Trennung kënn et, mengen Informatiounen no, méi oder manner heefeg vir, dass een Elterendeel deem aneren d'Identitéitskaart vum gemeinsame Kand net aushännegt an dese bei Reesen an d'Ausland gewässermoosse blockéiert. D'Ufro vum engem Pass fir d'Kand ass och net zillféierend, well an deem Fall d'Identitéitskaart muss virgeluecht ginn. Fir enger méiglecher Entféierung vum Kand an en Drëttstaat virzebeugen, freet de Passbüro, mengen Informatiounen no, och eng schrëftlech Äwëllegung vum aneren Elterendeel.

Ech wéilt duerfir folgend Froen un d'Madamm Justizministeresch an den Här Ausseminister stellen:

1. Kënnen d'Ministeren des Informatiounen bestätegen?

2. Verfüügt d'Regierung iwwer Statistiken zum Zréckhale vun Identitéitskaarte vum gemeinsame Kand duerch een Elterendeel?

3. U wie ka sech déi/de „geschiedegt(e)“ Mamm/Papp a sou engem Fall wenden, fir kuerzfristig gehollef ze kréien? Wéi eng Léisunge bidde sech deem Elterendeel konkret?

4. Wéi eng Moossname kann de Familljeriichter a sou Fäll erloossen? Kann een Elterendeel sou Decisiounen kuerzfristig erwierken?

5. Kann de Geschiedegte ggf. Schuedensersaz fuerderen?

Wann an der Vergaangenheet d'Méiglechkeet bestanen huet, fir d'Kanner op de Pass vun engem oder béiden Elterendeeler anzedoen, sou ass dat zanter méi wéi 15 Joer net méi méiglech zu Lëtzebuerg. Am Géigenzuch besteet awer d'Méiglechkeet, d'Elteren am Pass vum Kand ze vermierken.

6. Ginn d'Elteren automatesch am Pass vum Kand vermierkt?

7. Wann net, ginn d'Eltere bei der Demande vum Pass fir d'Kand op des Méiglechkeet higewisen?

8. Ass dese Vermierk mat Zousazkäsche verbonnen?

9. Gëtt eng „legaliséiert“ Kopie vun der Identitéitskaart am Ausland als gläichwäerteg zum Original ugesinn?

**Réponse** (12/09/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. D'Ausstelle vum de Päss ënnerläit dem Bureau fir Päss, Visaen a Legalisatiounen (BPVL), deen Deel vun der Direktioun fir konsulareschen Affairen an international kulturell Relatiounen am Ausseministère ass, a gëtt gereegelt duerch e groussherzoglecht Règlement vum 12. Februar 2015.<sup>11</sup>

Dëst Règlement gesäit ënner anerem vir, dass e Pass fir e mannerjäreg Kand nëmme kann ugefrot gi vun enger Persoun, déi d'Autorité parentale iwwert dat Kand huet, respektiv vun enger drëtter Persoun, déi vum Titulaire vun der Autorité parentale mandatéiert gouf.

Am Fall wou de Pass fir e Kand ugefrot gëtt vun engem Elterendeel, deen net op der selwechter Adress wunnt wéi d'Kand, kënnen zousätzlech Pièce verlaangt ginn, déi bewisen, dass dëst Elterendeel d'Autorité parentale iwwert d'Kand huet. Verschidden Optiounen ginn ugebueden:

1. E Formulaire fir eng Autorisatioun vun deem Elterendeel, bei deem d'Kand wunnt, wat jo och deen Elterendeel ass, deen eventuell en Interêt drun hätt, fir dass deen aneren Elterendeel d'Autorité parentale ofgeholl kritt hätt;

2. De Beweis erbréngen, dass d'Autorité parentale net oferkant gouf, zum Beispill:

1. duerch e rezent Gerichtsurtel, oder  
2. duerch eng Attestatioun vum Juge aux affaires familiales.

ad 2. D'Regierung verfüügt net iwwer Statistiken zum Zréckhale vun Identitéitskaarte vum gemeinsame Kand duerch een Elterendeel.

ad 3. Den Elterendeel, deem d'Identitéitskaart zeréckgehale gëtt, kann de Familljeriichter saisiéieren, fir d'Erausgi vun der Identitéitskaart ze verlaangen.

ad 4. De Familljeriichter kann, op Demande vun deem Elterendeel, deen d'Erausgi vun der Identitéitskaart verlaangt, eng Astreinte géint den Elterendeel spriechen, deen d'Identitéitskaart zeréckbehält. An der Requête un de Familljeriichter kënnen provisoersch Mesurë gefrot ginn. D'Parteien kënnen och eng urgent Prozedur vum Familljeriichter aleeden.

ad 5. Déi generell Dispositiounen vun der ziviller Responsabilitéit gëllen och am Fall vum Zréckhale vun Identitéitskaarten. Falls den Elterendeel, deem d'Identitéitskaart zeréckgehale gëtt, nowise kann, dass dëst de Grond vu sengem Schued ass, da kann e Schuedensersaz fuerderen.

ad 6. a 7. D'Nimm vun den Eltere ginn automatesch an de Pass vun engem Kand ageschriwwen, op der

<sup>11</sup> Règlement grand-ducal du 12 février 2015 portant exécution de la loi modifiée du 14 avril 1934, fixant les modalités pour l'obtention d'un passeport biométrique, titre de voyage biométrique pour étrangers, apatrides et réfugiés et établissant un droit de chancellerie pour légalisations d'actes.

Säit 2, sou wéi dat am Art. 2 (8) vum Passreglement virgeschriwwen ass. Et ginn do automatesch d'Donéeën vum den Elteren aus dem Nationale Persouneregëster iwwerhol.

ad 8. D'Aschreiw vum den Elteren an de Pass vum engem Mineur ass net mat zousätzleche Käschte verbonden.

ad 9. Eng legaliséiert Kopie vum der Identitéitskaart gëtt am Ausland net als gläichwäerteg zum Original ugesinn. D'Kand muss mat enger gültiger Identitéitskaart reesen, esoubal et an d'Ausland reest. Jee nodeems, a wéi ee Land ee mam Kand areest, respektiv duerch wéi eng Länner den Transit fir op d'Vakanzendestinatioun geet, braucht ee weider Dokumenter, wéi zum Beispill eng Autorisation de voyage, déi vum deem Elterendeel ënnerschriwwen ass, dat d'Autorité parentale iwwert d'Kand huet. Déi betreffen Eltere müssen sech virum Start vum der Rees reiseinforméieren, wéi eng Reegelen an deene Länner gëllen, déi si mam Kand bereise wëllen, respektiv déi si mam Kand transitéieren.

### Rapport d'Amnesty International sur la guerre en Ukraine | Question 6639 (10/08/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Viru Kuerzem huet Amnesty International an engem Bericht, dee weltwäit héich Welle geschloen huet, der Ukrain Verstéiss géint dat internationaalt Krichsrecht (ius in bello) virgeworf. Déi ukrainesch Arméi soll Zivilisten a Gefor bruecht hunn, well si a Wunnegebiddere Stützpunkter opgeriicht hätt. Och a Schoulen a Kliniken solle sech ukrainesch Zaldote verschanzt hunn. Aner Berichter schwätzen dervun, dass just e Brochdeel vum de Waffen, déi vum de westleche Länner an d'Ukrain geliwwert ginn, hiert Zil erreechen. Déi US-amerikanesch Kontrollinstanz fir den Export vu Waffematerial huet festgestallt, dass et praktesch net méiglech ass, déi un d'Ukrain geliwwert Waffen nozeverfollegen, an d'EU huet zouginn, dass iwwer d'Republik Moldau héchstwahrscheinlech e grouss ugeluechte Waffeschmuggel aus der Ukrain koordinéiert gëtt. Et gëtt gefaart, dass ee groussen Deel vum de westleche Waffen um Schwaarzmaart verkaaft ginn an doduerch an d'Hänn vu kriminellen oder terroristesche Vereenegunge fale kéinten. Och Liewensmittel a Schutzausrüstung sollen um Schwaarzmaart fir deiert Geld ugebuede ginn.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Bausseminister an den Här Arméiminister:

1. Wéi steet d'Regierung zum uewe genannte Rapport vum Amnesty International? Wëll d'Regierung op dese Bericht effentlech reagéieren? Geet d'Regierung dervun aus, dass et opportun ass, Waffen un eng Arméi ze liwweren, déi géint déi Genfer Konventiounen verstéisst?

2. Kann d'Regierung preziséieren, ob Lëtzebuerg och da weiderhi Waffen a Munition un d'Ukrain liwwere wäert, wa sech confirméiere sollt, dass ee signifikanten Deel vum dese Waffen an déi falsch Hänn geréit?

**Réponse (08/09/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | M. François Bausch, Ministre de la Défense**

ad 1. D'Regierung erënnert drun, dass sech de genannte Rapport vum Amnesty International op e Krich bezitt, an deem Russland d'Ukrain a kompletter Mëssuechtung vum Völkerrecht unilateral ugegraff huet, massiv zivill Ziler ugräift, wat kloer e Krichsverbrechen duerstellt an an deem d'Ukrain hiert natierlecht a legitimt Recht zur Selbstverdedegung an Usproch geholl huet. D'Positioun vum der

Lëtzebuerg Regierung ass, dass d'internationalt Recht ëmmer a vu jiddwerengem muss agehale ginn. Dëst gëllt net nëmme fir d'internationalt humanitär Recht (ius in bello), mee och fir déi vum der UN-Charta virgesinner „ius ad bellum“. Et ass opgrond vum deem Prinzip, dass d'Lëtzebuerg Regierung sech weiderhin d'Recht virbehält, Waffen un d'Ukrain ze liwweren. D'Regierung gesäit kee Grund, fir offiziell op de Rapport vum Amnesty International ze reagéieren.

ad 2. D'Regierung huet keng Informatiounen, déi drop hiweisen, dass Waffen, déi se der ukrainescher Arméi geliwwert huet, an e Waffeschmuggel geroode wieren.

### Groupe de travail interministériel « LAWS » | Question 6642 (10/08/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Den 22. Juli huet de Verdeedegungsminister matdeele gelooss, dass een interministeriellen Aarbechtsgrupp zum Thema „Lethal Autonomous Weapon“ Systems kuerz „LAWS“ géif opgestallt ginn, „dee sech mam Problem vun de ‚Killerroboter‘ (déidlech autonom Waffesystemer) beschäftegt a sech international fir e strikten eethesche Kader asetzt.“ An deem Aarbechtsgrupp sollen, nieft dem Verdeedegungsministère an der Uni. lu, och Justiz-, Digitalisatiouns-, Fuerschungs- an de Wirtschaftsministère vertruete sinn.

An deem Zesummenhang wëilt ech dem Minister fir Verdeedegung dës Froen stellen:

1. Wäert den Aarbechtsgrupp sech och mat den net déidlechen autonome Waffe beschäftegen, wëssend, dass autonom Waffesystemer och net déidlech Attacke lancéiere kënnen?

Wann nee, firwat?

2. De Minister erkläert an engem Artikel am „Lëtzebuerg Wort“, dass hien sech duerch den LAWS-Aarbechtsgrupp eng „Alliance des volontés“ erhofft, fir dass op EU-Niveau kéint ee legale Kader zustane kommen.

Ass och d'Ausschaffe vum engem nationale legale Kader virgesinn? Wéi genau erhofft sech de Minister, fir präzis Kontributiounen fir d'Basis vum internationalen Traitéen ze maachen?

3. Kann de Minister bestätegen, dass éischt Resultater vum deem Aarbechtsgrupp fir de Summer 2023 virgesi sinn? Wäert de Minister dës Resultater dee Moment der Chamber virstellen?

**Réponse (24/08/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Défense**

ad 1. Den Aarbechtsgrupp wäert sech och mat autonome Waffesystemer allgemeng beschäftegen. Den Aarbechtstitel vum interministeriellen Aarbechtsgrupp baséiert op dem Titel vum Aarbechtsgrupp, dee sech bei de Vereenten Natiounen ëm dese Sujet këmmert: Group of governmental experts related to emerging technologies in the area of lethal autonomous weapons systems in the context of the objectives and purposes of certain conventional weapons which may be deemed to be excessively injurious or to have indiscriminate effects.

Mir hunn dee selwechten Titel benotzt, fir kohärent mat der Terminologie vum de Vereenten Natiounen ze sinn. Op internationalem Niveau ginn eng Panoplie un Termen austauschbar benotzt, fir de Sujet, deen dësen Aarbechtsgrupp thematiséiert, ze beschreiwen (autonom Waffesystemer, déidlech autonom Waffesystemer, Killerroboter, Slaughterbots). Eng vun den Aufgabe vum Aarbechtsgrupp ass et, fir national eng

Definitioun vum dese Systemer festzeleeën an och ze definéieren, wat fir eng Systemer genau gemengt sinn.

ad 2. Eng vun den Aufgabe vum Aarbechtsgrupp ass et, Proposen auszuschaffen, wéi een esou Systemer op nationalem Niveau reglementéiere kann a soll – woubäi och consideréiert muss ginn, dass et op internationalem Niveau aktuell net dono ausgesäit, dass schnell ee Konsens fir een Traité oder soss verbindlech Moossname fonnt ka ginn.

D'Zil vum Aarbechtsgrupp ass et och, eng Positioun fir Lëtzebuerg auszuschaffen, fir déi ee sech op internationalem Niveau asetze kann. Dëst vereinfacht eis et dann och, eis mat Länner, déi änlech Positiounen hunn, zesummenzedeien, fir fir méi verbindlech Moossnamen anzetrieden. Dëst ka souwuel um Niveau vum der UN, der EU oder der NATO sinn.

ad 3. Éischt Resultater si fir de Summer 2023 virgesinn, wou den Aarbechtsgrupp ee Rapport virleeë wäert. D'Resultater an een eventuellen Aktionsplang fir nächst Schrëtt an deem Dossier wäerten der Chamber selbstverständlech virgestallt ginn.

### Centrale nucléaire de Cattenom dans le cadre de la sécheresse | Question 6643 (10/08/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Déi franséisch Regierung huet viru Kuerzem eng Sondererlabnis fir fënnf Atomkraftwierker ginn, déi et de Kraftwierker erlaabt, méi waarmt Killwaasser zeréck an d'Flëss ze leeden. Dës Sondererlabnis gëllt bis den 11. September. D'Atomkraftwierk zu Cattenom ass zwar dovunner net betraff, mee och hei besteet een eescht ze huelende Risiko, dass et mat der undauernder Dréchent geschwënn dozou komme kann.

An deem Zesummenhang wëilt ech der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froen stellen:

1. Huet d'Lëtzebuergesch Regierung Informatiounen iwwert den Impakt vum der aktueller Dréchent op d'Situatioun vum Atomkraftwierk zu Cattenom?

2. Besteet d'Méiglechkeet, dass och Cattenom méi waarmt Ofwaasser an d'Musel kéint pompelen?

3. Wéi eng international Reegelen (Traitéen, Accorden) gëllen, am Fall wou d'franséisch Regierung méi waarmt Waasser wéilt an d'Musel leeden?

Kann d'franséisch Regierung dat einfach esou decidéieren, am Fall wou de Floss duerch een anert Land geet?

Wéi kéint Lëtzebuerg sech géint esou eng Decisioun wieren?

**Réponse (13/09/2022) de Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

ad 1. Bei normalem Offloss vum der Musel gëtt d'Killwaasser fir d'Atomzentral integral aus der Musel geholl. Nodeem et sech an de Killtiern opgehëtz huet, gëtt et awer net direkt zeréck an d'Musel geleet, mee an de Reservoir du Mirgenbach. Dese Séi déngt als Puffer an erlaabt ee méi konstanten Auslaf an eng weider Ofkillung vum Waasser, ier et an d'Musel geleet gëtt. Déi franséisch Autoritéiten hunn an hirer Autorisatioun festgehalen, dass de Bedriever vum der Zentral de Prelevement aus der Musel drossle muss, wann den Debit vum der Musel ënnert 18,5 m³/s fält. Si müssen déi direkt Prelevementer réischt bei engem Debit vum 9 m³/s komplett astellen. Dat feelend Waasser gëtt an deem Fall direkt aus dem Reservoir du Mirgenbach enthall. Wéi den Debit vum der Musel ënnert déi



18,5 m³/s gefall ass, huet de Bedreier vum der Atomzentral decidéiert, fir komplett op d'Waasser vum Reservoir du Mirgenbach ëmstellen.

Et gëtt ee weidere Stauséi, deen an déi ganz Waassergestioun vum Atomkraftwierk zu Cattenom agebonnen ass. Et ass de Reservoir vum Lac de Pierre-Percée (lieu-dit du „Vieux Pré“). Do gëtt Waasser an d'Meurthe nolafe gelooss, déi jo dann an d'Musel münd, fir engersäits den Debit ze ënnerstëtzen an andersäits fir de Volume ze kompenséieren, deen duerch d'Killtiern verluer geet. Dëse Reservoir war dëst Joer zum Ufank vum der Niddregwaasserperiod zu 100 % gefëllt a gëtt säit dem 9. Juli 2022 Waasser of, fir déi zwou Funktiounen ze erfëllen. Säit dem 8. Juli 2022 leeft nëmmen ee Reakter (Unitéit 2). Aus dem Reservoir muss am Niddregwaasserfall 0,92 m³/s pro Reakter nolafe gelooss ginn, de Verbrauch pro Unitéit läit an der Moyenne bei 0,75 m³/s.

ad 2. Och d'Temperatur vum Waasser, déi an d'Musel ageleet dierfe ginn, sinn iwwert d'Autorisatioun gereegelt. D'Erhéijung duerch d'Aleede vum Waasser aus dem Reservoir du Mirgenbach dierf net méi wéi 1,5 °C bedroen, dëst soulaang d'Wassertemperatur uewerhalb vum der Aleedung ënnert 28 °C läit. Ass d'Wassertemperatur vum der Musel tëscht 28 °C an 30 °C, dierf et zu kenger Temperaturverännerung méi duerch een Aleede kommen. Bei Wassertemperatur vum der Musel iwwert 30 °C dierf kee Waasser méi ageleet ginn.

ad 3. Déi franséisch Regierung huet eng Autorisatioun ausgestellt, am Kader vum där sech de Bedreier beweegen muss. Fir dass dee Kader dierf verlooss ginn, misst eng nei Autorisatioun erstallt ginn. Dës misst awer de Virgabe vum der Wasserrahmenrichtlinie (Directive 2000/60/CE) entsprechen an dierf keng Konditiounen enthalen, déi d'Erreeche vum gudden ökologeschen Zoustand vum der Musel géif verhënnern, respektiv zu enger Verschlechterung géif féieren (Verschlechterungsverbot aus der Richtlinn). Esou eng Autorisatioun misst och eng effentlech Consultatioun duerchlafen. Déi europäesch Waasserdirektiv schreift explizitt eng international Zesummenaarbecht vir, wann e Gewässer grenzüberschreidend ass. Dës Zesummenaarbecht fënnt am Kader vu bilateralen Echangingen tëscht den Autoritéiten a virun allem um Niveau vum der Internationaler Kommissioun zum Schutz vum der Musel an der Saar statt (IKSMS). Deemo kann esou eng Ännerung net einfach dekretéiert ginn, mee muss déi üblech Prozeduren duerchlafen, am Kader vum deenen och Usprochméiglechkeete bestinn, op déi kéint zeréckgegraff ginn.

#### Politiciens victimes d'espionnage | Question 6644 (10/08/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

A Griicheland huet de Regierungschef viru Kuerzem zouginn, dass een Oppositionspolitiker souwéi ee Journalist an de vergaangene Méint vum griichesche Geheimdéngscht ofgelauschert goufen. Et ass net déi éischte Kéier, dass Oppositionspolitiker a Journalisten d'Muecht vum der Exekutiv ze spiere kréien: De Skandal ronderëm de Staatstrojaner Pegasus huet gewisen, wéi Regierungen systematesch op Iwwerwachungsmëttel géint d'Oppositioun kënnen zeréckgräifen, ob a Katalonien, Polen oder Ungarn. D'Muecht, fir een iwwert legal Mëttelen ausespionéieren, huet natierlech och ee gewëssent Aschüchterungspotenzial.

Zu Lëtzebuerg huet de Geheimdéngscht, trotz dem neie Gesetz vum 2016, nach ëmmer vill Prerogativen, déi och vum der Exekutiv genotzt kéinte ginn, fir

politesch onerwënschte Persounen oder Acteure vum der Zivilgesellschaft ausespionéieren.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Premierminister an der Ministesch fir Justiz dës Froe stellen:

1. Goufen ënnert dem Premierminister Bettel senge Regierungen zënter 2013 Politiker (Deputéierten, Gemengerotsmamberen, Leit mat Parteiämter, Kandidat fir d'Walen) ofgelauschert, iwwerwaacht oder verfollegt?

2. Huet d'Justiz zënter 2013 Uweisung ginn, fir Politiker (Deputéierten, Gemengerotsmamberen, Leit mat Parteiämter, Kandidat fir d'Walen) ofzelauschteren, ze iwwerwaachen oder aneschtens ze verfollegen?

3. Hunn d'Justiz an d'Police zënter 2013 am Kader vum enger Duerchsichung E-Mailboxe vu Politiker (Deputéierten, Gemengerotsmamberen, Leit mat Parteiämter, Kandidat fir d'Walen) beschlagnaamt an duerchsicht oder op d'Vorratsdatenspäicherung zeréckgegraff?

4. Hu Ministeren an der Vergaangenheet hir Verwaltung genotzt, fir politesch Persounen ze kontrolléieren oder ënner Drock ze setzen? Falls nee, wéi kann dat iwwerpréift ginn?

5. Falls politesch Persounen an der Vergaangenheet kontrolléiert goufen, wat waren hefir d'Grënn?

6. Gräift de SREL am Kader vu senge Missiounen, wéi se am Gesetz vum 5. Juli 2016 festgehalen sinn, op d'Vorratsdatenspäicherung zeréck?

7. Wéi ka séchergestallt ginn, dass eng Regierung hei am Land hir Muecht ze iwwerwaachen net mëssbraucht?

**Réponse (08/09/2022) de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice**

ad 1. a 4. bis 7. D'Regierung verweist op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N° 4685 a 4692 vum 20. Juli 2021.

Den Artikel 3 vum ofgeännerte Geheimdéngschtgesetz vum 5. Juli 2016, deen d'Missioun vum Geheimdéngscht (SRE) virgesäit, schléisst ausdrécklech „toute surveillance politique interne“ duerch den SRE aus.

D'Moyene vum SRE ginn agesat am Fall vum enger potenzieller Bedroung duerch Spionage, gewaltbereeten Extremismus, Terrorismus, Verbreedung vu Massevernichtungswaffen oder verteidigungsrelevante Gidder zesumme mat den entspreche Technologie an organiséiert Kriminalitéit oder Cyber-Bedroung, souwäit dës mat deene virgenannten Aktivitéiten zesummenhängen.

D'Regierung ënnersträicht op en Neits d'Existenz vum der gesetzlech verankerte Kontrollmechanisme vum SRE um Niveau vum der Administratioun, der Regierung, dem Parlament an den zoustännege Gerichtsinstanzen, déi dofir do sinn, all Bierger déi néideg Rechtssécherheet ze garantéieren.

Wéi schon oft notéiert, kënnen aus sécherheetsrelevanten an ermëttlungstechnesche Grënn keng Detailer iwwert operationell Froe publizéiert ginn.

Betreffend den SRE befanne sech d'Moyenen, déi dierfen agesat ginn, an d'Prozeduren, déi mussen agehalen ginn, an den Artikelen 5–8 vum SRE-Gesetz.

Et sief prezisiéiert, datt den Asaz vum der Moyene vum SRE am Respekt vum dräi weesentleche Prinzippien erfollegt: der Legitimitéit, der Proportionalitéit an der Subsidiaritéit. Dëst geschitt am Sënn vum enger grousser Professionalitéit a Saache Preventioun vu Menacen, gekoppelt un en héije Schutzniveau vum Eenzelnen a senger Privatsphär.

Des Weideren applizéiert sech d'Gesetz vum 1. August 2018 iwwert de Schutz vum natierleche Persounen a Bezuch op den Traitement vu perséinlechen Daten am Strofrecht an hiesichtlech der nationaler Sécherheet och fir den SRE.

ad 2. Den Artikel 88-1 vum Code de procédure pénale gesäit de legale Kader vir, deen der Justiz et erlaabt, fir eng Ecoute-Mesure anzusetzen, dat heescht d'Of-lauschtere vum Telekommunikatiounsgesprécher.

Déi strikt Konditiounen, ënnert deenen dës Mesure kann agesat ginn, sinn am Artikel 88-2 Paragraf 2 vum Code de procédure pénale festgeluecht.

Eng vun deene Konditiounen seet, dass den Untersuchungsrichter eng Ecoute-Mesure nëmme kann asetze géint eng Persoun, fir déi « des faits déterminés rendent la personne à surveiller suspecte, soit d'avoir commis l'infraction ou d'y avoir participé, soit de recevoir ou de transmettre des informations destinées à l'inculpé ou au suspect ou qui proviennent de lui ».

De Paragraf 6 vum Artikel 88-2 vum Code de procédure pénale prezisiéiert och, dass d'Ecoute net dierf eng Persoun viséieren, déi dem Secret professionnel op Basis vum Artikel 458 vum Code pénal ënnerläit.

D'Artikelen 48-12 bis 48-16 vum Code de procédure pénale betreffen d'Iwwerwachung vu Persounen. Och fir déi Mesure gesäit den Artikel 48-13 vum Code de procédure pénale spezifesche Konditiounen vir. Eng vun dëse Konditiounen ass, wéi och bei der Ecoute-Mesure, « qu'il existe des indices graves que les infractions sont de nature à emporter une peine criminelle ou une peine correctionnelle dont le maximum est égal ou supérieur à un an d'emprisonnement ».

Den Untersuchungsrichter kann also keng Ecoute-Mesure oder Iwwerwachung ordonéieren géint eng Persoun opgrond vum hire politeschen Aktivitéiten. Den Untersuchungsrichter kann, op Basis vum Code de procédure pénale, dës Mesure just géint eng spezifesche, ënner Verdacht gesatener Persoun ordonéieren an dat onofhängeg vun hirer Funktioun, ausser si fällt ënnert de Secret professionnel op Basis vum Artikel 458 vum Code pénal.

Aus sécherheetsrelevanten an ermëttlungstechnesche Grënn kënnen keng Detailer iwwert d'Asetze vum der Mesur publizéiert ginn.

Fir weider Detailer zu dëser Fro verweist d'Regierung op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4685 vum 20. Juli 2021.

ad 3. D'Prozedur vum der Perquisitiounen an der Beschlagnamung vum Objeten, wéi zum Beispill Computeren, gëtt och am Code de procédure pénale beschriwwen an ënnerläit strenge Konditiounen.

D'Vorratsdatenspäicherung ass am modifizéierte Gesetz vum 30. Mee 2005 virgesinn an den Artikel 67-1 vum Code de procédure pénale erlaabt dem Untersuchungsrichter, gespäichert Date vum enger bestëmmter Persoun ënnert strikte Konditiounen nozefroen. Wéi och bei deenen uewe genannte Mesuren, kann den Untersuchungsrichter nëmmen den Zougrëff zu den Date vum enger spezifesche ënner Verdacht gesatener Persoun ordonéieren. De Verdacht muss op eng kriminell oder correctionnel Strof hiweisen, där hiert héchst Strofmoss gläich oder méi wéi ee Joer Prisong ass.

Aus sécherheetsrelevanten an ermëttlungstechnesche Grënn, kënnen keng Detailer iwwert d'Asetze vum der Mesur publizéiert ginn.

Fir weider Detailer zu dëser Fro verweist d'Regierung op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4685 vum 20. Juli 2021.

**Politique industrielle | Question 6645 (10/08/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)**

An engem Interview am „Écho des entreprises“ seet d'Madamm Ëmweltminister, datt d'Aarbecht vum Haut comité pour l'industrie relancéiert gi wär. Säin Haaptamierk wär elo ënner anerem, fir d'Dekarboniséierung vun der Industrie ze begleeden. Dozou hätt ech e puer Froen, well d'Coronakris eis jo virun Ae gefouert huet, wéi wichteg et ass, Europa nees ze reindustrialiséieren a wichteg Industrien hei ze relokaliséieren:

1. Ass et richtig, datt den Haut comité pour l'industrie sech an Zukunft soll prioritär ëm d'Dekarboniséierung vun der Industrie këmmern? Entsprecht esou eng Approche, déi riskéiert, d'industriell Aktivitéit nach méi komplizéiert, méi deier a manner wettbewerbsfäeg ze maachen, den urspréngleche Missiounen vun deem Komitee?

2. Wéi eng Industrialiséierungspolitik gesäit d'Regierung fir Lëtzebuerg an deenen nächste Joerzénge? Wéi eng Secteure solle gestärkt ginn?

3. Wéi dacks ass den Haut comité pour l'industrie zënter 2013 (oder zënter senger Grënnung, wann déi méi spët sollt gewiescht sinn) zesummekomm? Wat war säin Apport an deene leschten 9 Joer? Wéi eng Ënnerkommiteeën huet dat Gremium a wéi si si zesummegeesat?

4. Wéi eng konkret Resultater hat d'Aarbecht vum Haut comité pour l'industrie zënter 2013?

5. Wéi schafft de Comité mat deenen Instanzen zesummen, déi sollen d'Dossiere vun Entreprise préiwen, déi sech hei am Land wëllen niderloossen?

**Réponse (22/09/2022) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie**

D'Dekarboniséierung ass de Sujet vun engem vun de véier Aarbechtsgruppen, déi zurzäit am Kader vum Haut comité pour l'industrie bestinn. Do gëtt mat de Betriber zesumme gekuckt, wéi d'Industrie méi onofhängeg vu fossiler Energie ka ginn. Des Weidere froen d'Clienten vun den Entrepreneuren ëmmer méi no Produite mat niddregen oder kengen CO<sub>2</sub>-Emissiounen. D'Dekarboniséierung ass deemno kee Risk, mee eng Opportunitéit, fir d'Kompetitivitéit vun der Lëtzebuerger a vun der europäescher Industrie ze erhalen. D'Dekarboniséierung dréit doriwwer eraus dozou bäi, fir déi national an europäesch Klimaziler ze erreichen.

Een anere vun de véier Aarbechtsgruppen, déi zurzäit am Kader vum Haut comité pour l'industrie bestinn, kuckt wéi sech déi Lëtzebuerger Industrielandschaft soll bis 2040 entwéckelen am Kontext vun der Digitaliséierung, der Robotiséierung, der Dekarboniséierung oder vun der Analysen an dem Verschaffe vun Donnéeën (Industrie 4.0). Déi Tendenz kréien een Afloss op d'Entwécklung vun all de Secteuren vun der Industrie. Den Aarbechtsgrupp ass amgaangen, eng Etude doriwwer ze maachen, fir ze kucken, wéi eng wirtschaftspolitesch Begleetmoosname musse geholl ginn, fir déi Entwécklung positiv ze begleeden. Wann se bis virleien, fléissen d'Resultater vun der Etude an déi national Industriepolitik an.

Déi zwee weider Aarbechtsgruppe vum Haut comité pour l'industrie beschäftegen sech engersäits mat der Entwécklung vun der Industrie a Richtung vun der Kreeslafwirtschaft an anerersäits mat der Gestoun vun de wirtschaftlechen Aktivitéitszonen.

Tëscht Abrëll 2013 an November 2016 ass den Haut comité pour l'industrie fënnemol zesummekomm. An där Zäit sinn a 7 Aarbechtsgruppe Propositionen ausgeschafft ginn am Beräich Klima/Energie,

Geneemegungsprozeduren, Fuerschung an Entwécklung, Gestoun vum Personal, industriell Entwécklung, Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit a Finanzéierung/Besteuerung. Dës Aarbechtsgruppe goufe jee weils vun engem Vertrieeder aus der Industrie présidéiert an et hunn och Mataarbechter aus verschidene Ministère dra siegéiert. Dës Aarbechtsgruppen hunn am Ganzen iwwer 100 Virschléi ausgeschafft, fir d'Kompetitivitéit vun den Industriebetriber an hiert wirtschaftlecht Ëmfeld ze verbesseren. Vun 2017 u sinn d'Aarbechte vum Haut comité pour l'industrie am Kader vun der Rifkinstudie weidergefuert ginn. Zanter der Covidpandemie an zanter 2021 ass den Haut comité pour l'industrie zweemol beienekomm.

Eng ganz Partie Recommendatiounen vum Haut comité pour l'industrie hu Beuechtung fonnt, respektiv sinn ëmgesat ginn. Op nationalem Niveau waren dat zum Beispill d'Iwwerschaaf vum den Hëlfeinstrumenter vun der SNCI, d'Schafe vun engem Luxembourg Future Fund, d'Grënnung vun engem Institut de la propriété intellectuelle, den High Performance Computer MeluXina an e Pôle d'innovation „Composite materials“.

Op europäeschem Niveau si vill Propositionen direkt vum Wirtschaftsminister am Conseil compétitivitéit un d'Kommissioun erueder ginn, sief et am Kader vun den Aktiounspläng fir e kompetitiven anohaltege Stolsecteur oder eng kompetitiv anohaltend Automobilindustrie an der EU, oder am Kader vun de CO<sub>2</sub>-Zertifikater, der Präisstabilitéit oder dem Approvisionnement u Gas a Stroum.

Déi zoustänneg Ministère, déi Dossiere vun Entreprise préiwen, déi sech zu Lëtzebuerg wëllen niderloossen, sinn am Haut comité pour l'industrie vertrueden. Dës beschäftegt sech mat den aktuellen Theemen an Erausforderungen fir d'Entwécklung vum Industriesektor zu Lëtzebuerg. Den Haut comité pour l'industrie ass net d'Plaz, wou eenzel Dossiere vun esou Betriber analyséiert a beschwat ginn.

**Gardiennage des bâtiments d'institutions internationales par des anciens membres de l'Armée luxembourgeoise | Question 6646 (10/08/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)**

„Gardien“ vun der Lëtzebuerger Arméi ass eng vun de Karriärméiglechkeeten vun de fräiwëllegen Zaldoten no hirem Déngscht. Si sollen, ënner anerem, och fir d'Protektioun vu staatleche Gebaier agesat ginn.

An deem Kontext wëilt ech der Regierung dës Fro stellen:

– Denkt d'Regierung drun, zum Beispill iwwer de Wee vun engem Accord mat deene concernéierten Institutionen, och de Gardiennage vun de Gebaier vun internationalen Institutionen, déi hei zu Lëtzebuerg present sinn, prioritär vu Leit maachen ze loossen, déi an der Lëtzebuerger Arméi gedéngt hunn?

**Réponse (08/09/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Défense | M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes**

Vu dass Gardiennage-Service fir Drëtter (ausser eventuell a Krisensituatiounen) net zu de Käraarbechte vun der Arméi gehéieren an och nëmme schwéier ëmsetzbar wieren, ass eng Ausweidung op international Institutionen net envisagéiert.

**Augmentation du prix du gaz | Question 6649 (11/08/2022) de M. Marc Spautz (CSV)**

Déi grouss Lëtzebuerger Fournisseuren hunn annonciéiert, dass „déi nächst Gasrechnungen nach eemol

wäerten an d'Luucht goen. D'Avancen am Hierscht wäerte wuel ëm ronn 80 % gehéicht ginn, soen Enovos a SUDenergie“, sou RTL.

An deem Kontext dränge sech e puer Froen op:

– Wéi gedenkt d'Regierung, de ronn 90.000 Clienten ze hëllefen, wëssend, dass sou eng enorm Präiserhéijung sämtlech Schichten a vill Betriber wäert treffen?

– Plangt d'Regierung een Hëllefspak? Wa jo, wéi gesäit dës Pak aus?

– Wéini sollen dës Mesuren a Kraaft trieden?

**Réponse (22/08/2022) de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | M. Claude Turmes, Ministre de la Famille et de l'Intégration | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes**

D'Regierung hëlt d'Präisdeierecht a potentiell Versuerungskpäss bei der Energie ganz eescht. Sou huet d'Regierung an deem Joer nom Energiedesch an der Tripartite schonn direkt Hëllef an Héicht vun 923 Milliounen Euro an zousätzlech staatlech Garantien an Héicht vu 500 Milliounen Euro decidéiert, fir d'Bierger an d'Entreprise finanziell ze ënnerstëtzen. D'Regierung wäert och an Zukunft d'Bierger an d'Entrepreneuren an dëser schwieriger Situatioun net eleng loossen. D'Regierung setzt dofir weiderhin op de Sozialdialog, deen et eis an der Vergaangenheet erméiglecht huet, gutt Léisunge fir d'Bierger an d'Entrepreneuren ze fannen. Den Tripartite-Accord vum 31. Mäerz 2022 gesäit vir, datt am Fall vun enger ekonomescher a sozialer Verschlechterung eng nei Tripartite soll zesummekommen. Op Basis vu Berechnungen zur Entwécklung vun der Inflation Ufank September wäert d'Regierung d'Sozialpartner fir eng Tripartite beienee rufen, fir iwwer en drëtten Hëllefspak fir d'Bierger an d'Betriber ze beroden.

Gläichzäiteg analyséiert d'Regierung den Impakt vu steigenden Energiepräisser a potentielle Liwwerenzpäss op staatlech, parastaatlech an essenziell kritesch Infrastrukturen a préparéiert Mesuren, fir dësen Impakt ofzefiederen.

**Demandeurs d'asile afghans | Question 6650 (11/08/2022) de Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)**

Il y a un an, les Talibans ont pris le pouvoir en Afghanistan suite à une offensive qui avait débuté quelques mois plus tôt. De nombreuses personnes ont dû fuir le pays et chercher asile dans d'autres États dont le Luxembourg.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Immigration et de l'Asile :

1) Combien de personnes de nationalité afghane venues avant août 2021 restent toujours dans l'attente d'une décision ministérielle concernant leur demande de protection internationale ? Combien de dossiers sont encore pendants devant les juridictions administratives ? Quelles en sont les raisons et comment Monsieur le Ministre prévoit-il remédier à cette situation ?

2) Combien de personnes de nationalité afghane venues depuis août 2021 restent toujours dans l'attente d'une décision ministérielle concernant leur demande de protection internationale ? Parmi les personnes arrivées depuis août 2021, combien ont reçu un statut de protection internationale (en distinguant statut de réfugié et protection subsidiaire) ?

En novembre 2021, vous avez donné la possibilité à certaines personnes de fournir des éléments



complémentaires relatifs à leur situation depuis la prise de pouvoir des Talibans afin de pouvoir réévaluer leur dossier.

3) Combien de personnes ont été concernées par cette réévaluation ? Combien de personnes se sont vues octroyer un statut de protection internationale suite à cela ? Dans combien de dossiers la décision ministérielle est-elle restée inchangée ?

4) Combien de personnes afghanes ont été définitivement déboutées de leur demande de protection internationale ? Parmi ces personnes définitivement déboutées, combien ont décidé d'introduire une nouvelle demande de protection internationale sur base de nouveaux éléments ? Combien de ces demandes ont-été déclarées irrecevables et selon quels motifs ? Combien de ces demandes ont finalement donné lieu à l'octroi d'un statut de protection internationale ?

L'article 42 de la loi sur la libre circulation des personnes et l'immigration prévoit que le ministre peut accorder sous certaines conditions aux ressortissants de pays tiers une autorisation de séjour pour exercer une activité salariée.

5) À combien de personnes de nationalité afghane, Monsieur le Ministre a-t-il accordé une autorisation de séjour sur base de l'article 42 de la loi sur la libre circulation des personnes et l'immigration ? Monsieur le Ministre prévoit-il de sensibiliser les entreprises pour faciliter la recherche de travail des personnes concernées ? Monsieur le Ministre ne juge-t-il pas que les réfugiés en question se trouvent très souvent dans l'impossibilité matérielle de remplir les conditions et de fournir les documents requis ?

6) À combien de personnes de nationalité afghane, Monsieur le Ministre a-t-il accordé une autorisation de séjour pour motifs exceptionnels (article 89 de la loi précitée) ou une autorisation de séjour des personnes bénéficiaires d'un traitement médical (article 90 de la loi précitée) ?

7) Au vu de la situation politique particulière et au vu des conditions à remplir pour avoir les autorisations de séjours précitées et au vu de la déclaration du ministre de ne pas renvoyer les ressortissants afghans au pays, est-ce que vous envisagez d'autres pistes ou voies possibles pour les ressortissants afghans ? Qu'est-il notamment prévu pour les personnes trop âgées ou se trouvant psychologiquement dans l'incapacité de trouver un travail et donc de se voir octroyer une autorisation de séjour pour travailler salarié ?

Sous le régime des Talibans, il est encore plus difficile, voire impossible d'obtenir des documents administratifs. Aussi, beaucoup d'enfants en Afghanistan ne sont pas déclarés à la naissance. Cela complique considérablement les procédures de regroupement familial.

8) Depuis 2021, combien de personnes afghanes sont venues au Luxembourg dans le cadre du regroupement familial et combien de demandes de regroupement familial restent en procédure ? Combien de demandes ont été rejetées ? Avec quels arguments est-ce que ces demandes ont été rejetées ?

Lors du Forum à haut niveau sur la protection des Afghans à risque qui s'est tenu le 7 octobre 2021, Monsieur le Ministre a déclaré que le Luxembourg était prêt à accueillir 50 Afghans à risque dans un premier temps et que l'accent serait mis sur le regroupement familial.

9) Est-ce que ces 50 personnes sont finalement arrivées au Luxembourg ? Sur quels critères (autres que ceux initialement requis par la loi dans le cadre du regroupement familial) ont-elles été sélectionnées ? Monsieur le Ministre prévoit-il d'accueillir à nouveau d'autres ressortissants afghans en danger ?

10) Monsieur le Ministre prévoit-il d'accorder des dérogations pour des documents impossibles à obtenir sous le régime des Talibans ?

11) Monsieur le Ministre prévoit-il de faciliter la venue des familles et si oui, comment ?

**Réponse (12/09/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile**

ad 1) 36 personnes de nationalité afghane ayant introduit une demande de protection internationale avant août 2021 sont encore dans l'attente d'une décision. 26 personnes de nationalité afghane ayant introduit leur demande avant août 2021 ont fait recours et sont dans l'attente d'un jugement ou d'un arrêt des juridictions administratives.

Avec la prise de pouvoir des Taliban en août 2021, la prise de décision au niveau des demandes de protection internationale de la part de ressortissants afghans avait été suspendue jusqu'à la clarification de la situation sur le terrain ; expliquant par conséquent le retard accumulé. En revanche, le ministre n'est pas habilité à se prononcer sur les éventuels délais des juridictions administratives.

ad 2) 114 personnes de nationalité afghane ayant introduit leur demande de protection internationale depuis août 2021 sont encore dans l'attente d'une décision. En parallèle, 5 personnes de nationalité afghane ayant introduit leur demande depuis août 2021 ont introduit un recours et sont encore dans l'attente d'un jugement réponse des juridictions administratives.

ad 3) Concernant l'exercice de réévaluation, chaque demandeur de protection internationale afghan qui est arrivé au Luxembourg avant la prise de pouvoir par les Taliban en août 2021, et qui avait déjà été entendu sur ses motifs mais pour lequel aucune décision n'avait encore été prise, a été invité à une audition complémentaire afin qu'il puisse faire part de nouveaux éléments permettant, le cas échéant, d'établir une crainte fondée de persécution ou d'atteinte grave dans son chef en cas de retour en Afghanistan.

Dans ce contexte, 25 personnes ont une nouvelle fois été entendues au courant du mois de décembre 2021. Par la suite, la protection internationale a été accordée à 17 personnes, pour 5 personnes la demande a été rejetée et aucune décision n'a encore été prise en ce qui concerne 6 personnes.<sup>12</sup>

S'y ajoute que les demandeurs, pour lesquels une décision de refus d'octroi d'une protection internationale avait été prise avant la prise de pouvoir par les Taliban et dont le recours était pendant devant les juridictions administratives, ont été invités à fournir toute information complémentaire quant à leur situation depuis la prise de pouvoir des Taliban. Chaque dossier a fait l'objet d'une nouvelle analyse sur base des éléments présentés.

83 ressortissants afghans avaient introduit un recours contre la décision de refus d'octroi de la protection internationale et leurs recours étaient pendants devant les juridictions administratives. Parmi ces personnes, 48 personnes se sont finalement vues octroyer une protection internationale. 35 personnes n'ont pas versé d'éléments nouveaux ayant permis de conclure à une crainte fondée dans leur chef de sorte que les décisions de refus ont été maintenues et les juridictions demeurent saisies de ces recours.

Jusqu'à présent, les juridictions administratives ont confirmé 8 décisions de refus d'octroi d'une protection internationale et ont réformé deux décisions.

ad 4) 23 personnes de nationalité afghane ont été déboutées définitivement depuis août 2021. Parmi ces

personnes, une a introduit une demande subséquente. La personne concernée n'a pas encore obtenu de décision de la part du ministère.

ad 5) Au 1<sup>er</sup> septembre, 8 ressortissants d'Afghanistan étaient titulaires d'un titre de séjour sur base de l'article 42 de la loi modifiée du 29 août 2008 portant sur la libre circulation des personnes et l'immigration.

Le ministre est ouvertement en faveur de mesures d'intégration, aussi bien au niveau de la société qu'au niveau du marché de travail. Ainsi, le ministre et ses services appuient les autres ministères en charge de ces questions autant que possible.

Étant donné qu'il est à nouveau possible à des ressortissants afghans d'obtenir des passeports, il n'y actuellement, comparé à d'autres nationalités, pas de difficultés particulières à relever au niveau des documents à fournir.

ad 6) Aucune personne de nationalité afghane ne dispose actuellement d'une autorisation de séjour sous l'article 89 ou 90 de la loi précitée.

ad 7) À l'instar des ressortissants irakiens déboutés, la piste privilégiée restera la régularisation du séjour par le travail. Pour ce qui est des dossiers plus particuliers, avec des personnes présentant une incapacité de travail, des solutions au cas par cas seront recherchées.

ad 8) 79 Afghans ont obtenu un accord pour rejoindre leur famille au Grand-Duché depuis janvier 2021. 7 demandes dans le chef de ressortissants afghans restent encore à traiter. Depuis janvier 2021, le regroupement familial a été refusé pour 63 personnes en provenance de l'Afghanistan.

La raison principale est que les personnes pour lesquelles le regroupement a été demandé ne tombent pas sous les catégories prévues par l'article 70 de la loi de 2008, voire sous l'article 78, paragraphe 1, point c.

ad 9) Au total, depuis les efforts d'évacuation en août 2021, 60 ressortissants afghans sont arrivés au Luxembourg dans le cadre d'admissions humanitaires et de notre engagement auprès de l'Union européenne et de l'Organisation du Traité de l'Atlantique Nord. Il s'agit de ressortissants afghans qui se trouvaient à risque imminent, du fait de leurs profils, professions et vécus.

Dans la limite de ses capacités, le Luxembourg continue à être solidaire et à participer à l'effort concerté de la communauté internationale pour protéger les ressortissants afghans à risque.

ad 10) Selon une approche au cas par cas, le ministre aura recours à son pouvoir discrétionnaire pour débloquer certaines situations sans toutefois généraliser des dérogations relatives à un document spécifique.

ad 11) Le regroupement familial et la marge de manœuvre du ministre sont encadrés et limités par la loi modifiée du 29 août 2008 portant sur la libre circulation des personnes et l'immigration. Dans ce contexte, une approche humaine et empathique est adoptée par les services en question. De plus, afin de faciliter la venue de familles, les différents services du Ministère des Affaires étrangères et européennes et les ambassades du Grand-Duché à l'étranger, donnent par exemple, un appui aux concernés afin de faciliter l'émission de visas, y inclus auprès des États représentant le Luxembourg en la matière.

**Construction d'une station hydrogène | Question 6652 (12/08/2022) de M. Paul Galles (CSV)**

Zesumme mat Total Energies soll och endlech eng Waasserstofftankstell zu Lëtzebuerg gebaut ginn. Leider koom et onsen Informatiounen no erëm zu

<sup>12</sup> À noter que les mineurs accompagnés ne sont pas entendus. Ils sont toutefois comptabilisés parmi les décisions.

PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L - 3208 BETTEMBOURG

Verspéidungen. E Grond soll sinn, dass Total Energies eréischt kierzlech den Accord vum Staat kritt huet.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un den Energieminister stellen:

– Stëmmen ons Informatiounen? Wéini gouf den Accord vum Staat fir de Bau vun enger Waasserstoff-tankstell zesumme mat Total Energies ënnerschréwen?

– Wéi gesäit den aktuellen Zäitplang aus?

– Wat sinn d'Grënn vun der Verspéidung?

**Réponse** (25/08/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

Wéi an der rezenten Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 6338 ugekënnegt, ass een Accord fir eng Waasserstoff-tankstell um Site vu Multimodal zu Beetebuerg fonnt ginn an de 14. September 2022 ass eng Pressekonferenz mam Bedreiwler geplangt, wou weider Detailler wäerte virgestallt ginn.

**Mesurage officiel de propriétés foncières** | Question **6654** (12/08/2022) de **M. Yves Cruchten** (LSAP)

La mensuration officielle couvre toutes les opérations techniques réalisées en vue de déterminer et de garantir les limites et superficies des propriétés foncières. La constitution et la mise à jour de la documentation cadastrale présuppose une mensuration officielle.

Tous les actes authentiques documentant des divisions, partages, lotissements ou autres morcellements de terrains doivent être impérativement accompagnés d'un mesurage signé par un géomètre officiel. L'Administration du cadastre et de la topographie doit valider tout plan, établi par un géomètre officiel et destiné à être intégré aux archives cadastrales. Par conséquent, l'Administration du cadastre et de la topographie est susceptible d'influencer, entre autres, l'avancement d'un projet immobilier en état futur d'achèvement.

Dès lors, j'aimerais poser à Madame la Ministre des Finances les questions suivantes :

– Comment se présente, au cours des cinq dernières années, l'évolution des effectifs de l'Administration du cadastre et de la topographie, et plus particulièrement des géomètres officiels ?

– Comment le délai moyen de traitement d'un dossier de mesurage a-t-il évolué au cours des cinq dernières années ? Quel est le délai de traitement à l'heure actuelle ?

**Réponse** (12/09/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Conformément à l'article 7 alinéas (2) et (3) de la loi modifiée du 25 juillet 2002 portant réorganisation de l'Administration du cadastre et de la topographie, les actes et les décisions judiciaires qui :

(2) ... « ont pour effet de fixer de nouvelles limites de propriété, notamment par suite de division, de partage, de lotissement ou d'échange, l'extrait cadastral [...] est remplacé par un plan d'arpentage datant d'un an au maximum et établi par un géomètre officiel. Ce plan doit fixer et situer les nouvelles limites obligatoirement abornées. En outre, il fournit toutes les données nécessaires relatives aux parcelles et aux lots faisant l'objet desdits actes et décisions judiciaires.

(3) Au cas où le plan dont il est question au paragraphe 2 n'est pas établi par un géomètre officiel relevant de l'administration, il doit porter la mention de validation de la part de cette dernière quant à ses directives. [...] »

Depuis l'introduction du titre de « Géomètre officiel » (GO) par la loi du 25 juillet 2002 portant création et réglementation des professions de géomètre et de géomètre officiel, la réalisation de la mensuration officielle cadastrale, jusque-là réservée à l'Administration du cadastre et de la topographie (l'Administration), a été ouverte au secteur privé (à l'instar des pays

limitrophes). Au fil des années, le nombre de mesurages réalisés par les GO du secteur privé a augmenté de manière continue.

Partant, si quelque 99 % des dossiers furent encore traités par l'Administration en 2002, leur part n'a eu de cesse de réduire pour atteindre 41,8 % en 2021.

Sur un effectif moyen de 135 fonctionnaires et employés de l'Administration, une cinquantaine a été et est toujours active dans le domaine de la mensuration officielle au cours des cinq dernières années.

Depuis 2017, 5 GO de l'Administration ont fait valoir leurs droits à la retraite, dont 2 actifs dans le secteur de la mensuration officielle. Ils ont été remplacés par 5 nouveaux chargés d'études dont 3 GO, parmi lesquels 2 sont directement affectés à la mensuration officielle.

D'une manière générale, le délai de traitement exact d'une affaire de mensuration officielle – à partir de la date de la demande jusqu'à son archivage final – est difficile à déterminer vu qu'il dépend souvent de facteurs externes comme l'obtention d'autorisations de morcellement/lotissement prévues par les lois en vigueur ou le commun accord des voisins sur les limites de leur propriété.

La durée de traitement moyenne des dossiers finalisés par l'Administration qui est fonction de leur envergure s'établit généralement entre un et quatre mois.

L'Administration n'est pas en mesure de fournir des indications concernant les délais de traitement des dossiers de mensuration officielle réalisés par les GO externes.

Quant à la validation obligatoire de ces affaires par l'Administration telle que prévue par l'article 7 (3) précité, elle est réalisée endéans deux semaines pour tout dossier établi et finalisé en conformité avec les directives de l'Administration.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfëlle beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

**PERIODIQUE**



Envois non distribuables à retourner à:  
**L-3290 BETTEMBOURG**

**PORT PAYÉ**  
**PS/799**



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-04

Nouvelles lois

p. 05-09

Séances publiques n<sup>os</sup> 66 et 67

p. 10-92

Questions au Gouvernement

p. 92-99

2021-2022

# N<sup>o</sup> 23

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-04

Nouvelles lois ..... p. 05-09

Séances ..... p. 10-92

66<sup>e</sup> séance du jeudi 7 juillet 2022 ..... p. 10-41

67<sup>e</sup> séance du mardi 12 juillet 2022 ..... p. 42-92

Questions au Gouvernement ..... p. 92-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

28/02/2023

#### Concept et layout :

brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





Retour sur les faits marquants de la guerre en Ukraine après un an de conflit

## Une année de guerre, mais aussi de solidarité

L'attaque russe en Ukraine a débuté il y a exactement un an. La Chambre des Députés s'est montrée solidaire du peuple ukrainien tout au long de l'année écoulée et a réitéré ce message de solidarité à plusieurs reprises.

### La condamnation immédiate de la guerre

La Chambre des Députés a immédiatement condamné l'invasion des troupes russes en Ukraine. Le 24 février 2022, suite à une déclaration gouvernementale, les députés ont adopté une motion en séance plénière invitant le Gouvernement à condamner « fermement l'attaque non provoquée et injustifiée de l'Ukraine par la Fédération de Russie » et « à appeler à la solidarité avec l'Ukraine au niveau de l'Union européenne ».

Jusqu'où doit aller l'Union européenne pour arrêter l'offensive russe en Ukraine ? Cette question a été soulevée par les députés lors d'une entrevue avec le Commissaire européen chargé de la promotion du mode de vie européen, M. Margaritis Schinas, le 25 février 2022. La question des flux migratoires qui sont le résultat de l'agression russe a également été abordée lors de cet échange.

### La Chambre se positionne au sujet des enjeux politiques les plus sensibles, comme celui de la fourniture d'armes à l'Ukraine

Depuis le début du conflit, la Chambre s'est positionnée clairement et à de nombreuses reprises sur la façon dont il convenait de soutenir le peuple ukrainien face au drame qu'il traverse. Dans ce contexte, la décision du Luxembourg d'effectuer des livraisons d'armes à l'Ukraine a été particulièrement marquante. L'envoi d'une centaine de missiles antichars de type NLAW a été annoncée aux députés de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense le 28 février 2022. Cette décision a ensuite été abordée lors d'un débat en séance plénière à la Chambre le 1<sup>er</sup> mars 2022. À cette occasion, cinq des sept groupes et sensibilités politiques représentés à la Chambre (CSV, DP, LSAP, déi Gréng et Piraten) ont exprimé leur accord avec la nécessité d'armer les forces ukrainiennes. Ce changement important de positionnement des acteurs politiques luxembourgeois face aux conflits a été confirmé par les députés à l'occasion du vote d'une motion au cours de la séance publique du 2 juin 2022 invitant le Gouvernement « à poursuivre et à soutenir les livraisons d'armes pour permettre à l'Ukraine de se défendre efficacement ». Elle invitait également à « l'envoi d'un signal uni par les institutions de l'Union

européenne à l'Ukraine sur son aspiration européenne, sur la base de ses mérites ». La future place de l'Ukraine dans la construction européenne aura été un sujet important des débats à la Chambre des Députés.

### Le Président ukrainien s'adresse aux députés luxembourgeois en séance publique

Le moment le plus saisissant de la séance publique du 2 juin 2022 était l'allocution par visioconférence du Président ukrainien, M. Volodymyr Zelensky. À cette occasion, il a fait sien l'adage luxembourgeois « Mir wëlle bleiwe wat mir sinn ».

Tout au long de l'année, la Chambre des Députés a maintenu un contact étroit avec les représentants des autorités ukrainiennes, notamment pour entendre leurs doléances et pour savoir comment les soutenir de la manière la plus efficace dans leur lutte contre l'agresseur russe. La Vice-Ministre des Affaires étrangères de la République d'Ukraine, Mme Emine Dzhaparova, et la Vice-Présidente du Parlement ukrainien, Mme Olena Kondratiuk, étaient en visite au Parlement luxembourgeois, respectivement le 3 juin 2022 et le 8 décembre 2022.



M. Volodymyr Zelensky lors de son allocution devant les députés et membres du Gouvernement

### Un député luxembourgeois à Kyiv

Le Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, M. Yves Cruchten, s'était déplacé à Kyiv en octobre dernier. Il y a rencontré plusieurs personnalités politiques ukrainiennes, dont le Président du Parlement ukrainien, M. Ruslan Stefanchuk. Ce dernier a également dialogué par visioconférence avec le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, le 17 octobre 2022.



Entrevue par visioconférence entre les Présidents de Parlement ukrainien et luxembourgeois, M. Ruslan Stefanchuk et M. Fernand Etgen, en présence du secrétaire général de la Chambre, M. Laurent Scheeck (à droite)

### L'Ukraine, sujet inévitable des échanges avec les partenaires internationaux

« Il s'agit d'une attaque contre nos valeurs démocratiques et contre nos sociétés pluralistes et libres », a affirmé le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, lors d'un échange par visioconférence avec son homologue lituanienne, Mme Viktorija Čmilytė-Nielsen, le 3 mars 2022. Cette affirmation a marqué la majorité des échanges diplomatiques menés par les parlementaires luxembourgeois ces douze derniers mois.

Le Président de la Chambre, accompagné d'une délégation parlementaire, a réitéré ses propos dans le cadre d'une visite officielle en Lituanie du 30 novembre au 2 décembre 2022. Il s'agissait notamment de rencontrer en personne la Présidente du Parlement lituanien. Cette dernière a insisté sur le fait qu'il était essentiel de « défendre l'architecture de défense que la Russie cherche à détruire ». La Lituanie observe de près le comportement de la Biélorussie voisine, qui est alignée, du moins idéologiquement, sur la position russe dans le cadre du conflit en Ukraine.

Un premier sommet parlementaire de la Plateforme internationale pour la Crimée s'est tenu le 25 octobre 2022 à Zagreb en Croatie. Il s'agissait d'une initiative diplomatique de l'Ukraine au sein de laquelle M. Claude Wiseler a représenté la Chambre des Députés. L'ex-Présidente de la Chambre des représentants des États-Unis, Mme Nancy Pelosi, ou encore le Président du Parlement ukrainien, M. Ruslan Stefanchuk, étaient présents à cette occasion.



M. Claude Wiseler (3<sup>e</sup> rangée, 1<sup>er</sup> à gauche) a représenté la Chambre des Députés au cours du sommet parlementaire de la Plateforme de Crimée





L'Hôtel de la Chambre illuminé aux couleurs du drapeau ukrainien

La visite de Mme Yuliia Paievskia, fondatrice de l'unité médicale d'évacuation « Angels of Taira » et lauréate du Prix Sakharov du Parlement européen en 2022, a également eu lieu dans le contexte de la guerre en Ukraine. Elle a rencontré en décembre dernier le Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, M. Yves Cruchten, dans le cadre d'une entrevue bilatérale au cours de laquelle le député luxembourgeois a insisté sur l'importance de documenter de manière précise tous les crimes commis pendant le conflit. Ainsi, la Russie pourrait être tenue responsable de ses actes, selon M. Cruchten.

#### L'Hôtel de la Chambre illuminé en bleu et jaune

Pour souligner sa solidarité avec l'Ukraine et sa population, la Chambre des Députés s'était ralliée à d'autres institutions qui ont illuminé leurs infrastructures aux couleurs du drapeau ukrainien. L'illumination de l'Hôtel de la Chambre avait débuté le 25 février 2022, au lendemain de l'attaque russe en Ukraine. Le drapeau ukrainien continue de flotter au Krautmaart, à côté des drapeaux luxembourgeois et européen.

Bureau d'hiver de l'Assemblée parlementaire de la francophonie (APF)

## Présentation du projet de budget 2023 par le trésorier de l'APF, M. Mars Di Bartolomeo

Une trentaine d'élus francophones membres de l'Assemblée parlementaire de la francophonie (APF) se sont réunis à Papeete, sur invitation de la section polynésienne, du 30 au 31 janvier 2023. Siégeant deux fois par an, le Bureau de l'APF coordonne l'activité des organes propres à l'Assemblée, contrôle l'application des décisions prises en séance plénière et adopte le budget annuel. C'est en amont de l'adoption du budget qu'est intervenu M. Mars Di Bartolomeo, député luxembourgeois et trésorier de l'APF, qui a présenté et défendu le projet de budget 2023 devant les membres du Bureau.

#### Appel à une gestion prudente des finances

La présentation du projet de budget en vue de son approbation est un exercice de récurrence annuelle que le trésorier est tenu de faire lors de la réunion d'hiver du Bureau. Le taux d'inflation de 4,2 %, tel que préconisé par le Parlement français dans sa loi de finances pour 2023, a été pris en compte pour le calcul des estimations budgétaires. Suite aux commentaires de certains membres, il a été décidé de redoubler d'efforts dans la gestion prudente des finances de l'Assemblée. La tenue de cette réunion en Polynésie française n'est pas passée inaperçue dans la région Asie-Pacifique et M. Di Bartolomeo s'est félicité du règlement de l'ensemble des années d'arriérés de cotisations par la section du Vanuatu.

#### Cadre stratégique et corpus législatif

Les nouvelles orientations stratégiques de l'APF pour la période 2023-2027 ont été axées sur trois piliers :

- l'utilisation et le rayonnement de la langue française ;
- la promotion de la démocratie, de l'État de droit, des droits des personnes et de la paix ;
- la francophonie de demain, dont l'accent est porté notamment sur l'égalité, l'environnement et la jeunesse.

Concernant ce dernier point, une première édition du Parlement francophone régional des jeunes en Afrique

verra le jour cette année. Par ailleurs, suite à un recensement auprès des différentes sections, les bonnes pratiques en matière de changements climatiques ont été identifiées et regroupées dans un corpus législatif qui servira de ressource documentaire aux différents législateurs.

#### Situations de crise dans l'espace francophone

Une tonalité plus politique a été donnée pour la première fois par l'instance statutaire de l'APF par le biais d'un débat sur le thème « doctrine et méthodes de l'APF pour réagir aux situations de crise dans l'espace francophone ». Au cœur des discussions ont figuré les mécanismes de vigilance démocratique en cours de refonte, l'opérationnalité des canaux de discussions, les missions de bons offices et le rôle de médiation joué par l'Assemblée. La Délégation permanente ainsi que la Commission politique ont été chargées d'élaborer des éléments de doctrine.

Vu la détérioration de la situation sécuritaire à Haïti, les membres ont adopté d'une manière consensuelle

une déclaration prenant acte de la suspension de facto de la section haïtienne en raison de l'absence de représentants élus au sein du Parlement d'Haïti, tout en faisant appel à la communauté internationale pour qu'elle rétablisse la sécurité « de façon à permettre l'application de la Constitution haïtienne et l'organisation d'élections libres et crédibles ». Les membres ont exprimé leur espoir qu'une solution durable sera trouvée et que le pays sera reconstruit politiquement, socialement et économiquement.

#### Le Parlement ukrainien en tant que membre « observateur » de l'APF ?

Enfin, le Bureau a approuvé la poursuite des démarches en vue de l'adhésion de la Rada d'Ukraine à l'APF en tant que membre « observateur », ainsi que de celles visant le changement de statut du Parlement géorgien, actuellement observateur, lui permettant de devenir « section associée ». La Géorgie a été retenue comme section-hôte pour accueillir la 48<sup>e</sup> session de l'APF à Tbilissi, du 4 au 8 juillet 2023.



M. Mars Di Bartolomeo, trésorier de l'APF

## Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire

**7716 – Projet de loi portant création et organisation de l'Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire et portant modification : 1° de la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la santé ; 2° de la loi modifiée du 19 mai 1983 portant réglementation de la fabrication et du commerce des aliments des animaux ; 3° de la loi du 28 juillet 2018 instaurant un système de contrôle et de sanctions relatif aux denrées alimentaires**

Le projet de loi sous examen a comme objet de créer une nouvelle administration, dénommée « Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire » (« ALVA »).

L'objectif de ce projet de loi est de créer une nouvelle administration dans laquelle seront regroupées les activités de trois administrations et services existants (la Division de la sécurité alimentaire de la Direction de la santé, l'Administration des services vétérinaires et le Service de l'alimentation animale de l'Administration des services techniques de l'agriculture) de même que l'organe de coordination pré-existant (le Commissariat du Gouvernement à la qualité, à la fraude et à la sécurité alimentaire), qui sont actifs dans les contrôles officiels de la chaîne alimentaire, afin de renforcer l'efficacité et l'efficacité de ces contrôles, ainsi que de contribuer à la simplification des procédures pour les opérateurs et les administrations.

Le projet de loi place la nouvelle administration sous l'autorité du ministre ayant l'Agriculture dans ses attributions. De même, il définit les missions générales et le cadre général de la nouvelle administration et il prévoit certaines dispositions relatives au personnel.

Par ailleurs, la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la santé, la loi modifiée du 19 mai 1983 portant réglementation de la fabrication et du commerce des aliments des animaux, ainsi que la loi du 28 juillet 2018 instaurant un régime de contrôle des denrées alimentaires seront modifiées afin de tenir compte de la nouvelle situation institutionnelle aussi bien au niveau de l'attribution des compétences politiques que des compétences administratives en matière de contrôles officiels des denrées alimentaires et matériaux et objets destinés à entrer en contact avec les denrées alimentaires.

Finalement, le projet de loi abroge la loi du 28 décembre 1992 réglant l'inspection des viandes et la surveillance des établissements dans lesquels sont traités ou entreposés des viandes ou produits de viande, et modifiant la loi du 29 août 1976 portant création de l'Administration des services vétérinaires et celle du 14 juillet 2015 portant organisation de l'Administration des services vétérinaires.

Dépôt par M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, le 19/11/2020

Rapporteuse : Mme Tess Burton

Travaux de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

(Présidente : Mme Tess Burton) :

26/11/2020 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

03/03/2022 Examen de l'avis du Conseil d'Etat

Examen d'une série d'autres avis

Examen d'une série de propositions d'amendements

24/03/2022 Adoption d'une série d'amendements parlementaires

08/06/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'Etat

08/07/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Travaux de la Commission de la Santé et des Sports

(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :

26/11/2020 Présentation du projet de loi

Travaux de la Commission de l'Economie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

(Président : M. Claude Haagen) :

26/11/2020 Présentation du projet de loi

Vote en séance publique : 12/07/2022

Loi du 8 septembre 2022

Mémorial A : 2022, n° 502, page 1

## Modifications ponctuelles du Code de la sécurité sociale

**7751 – Projet de loi modifiant : 1° le Code de la sécurité sociale ; 2° la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale ; 3° la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension**

Le projet de loi 7751 a pour objet d'apporter des modifications ponctuelles au Code de la sécurité sociale (CSS) afin de procéder à un toilettage du texte. Les raisons pour les quelque 90 modifications proposées dans les différents livres du Code de la sécurité sociale ont par conséquent des finalités très diverses.

Certaines modifications proposées par le projet de loi visent à adapter les renvois à d'autres lois, respectivement à redresser des erreurs matérielles. Concernant les renvois, il s'agit notamment de remplacer à plusieurs endroits du CSS la référence à la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti (RMG) par des renvois à la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale (REVIS). D'autres modifications apportent au CSS les adaptations nécessaires suite à l'entrée en vigueur de lois ayant un impact sur la législation de la sécurité sociale, comme par exemple la loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière (loi hospitalière).

Le projet de loi prévoit également des modifications techniques apportant des clarifications à l'intérieur du dispositif. À titre d'exemple, il est visé d'uniformiser certains libellés afin d'avoir un libellé commun dans chacun des livres relatifs aux différentes institutions de la sécurité sociale.

Un autre objectif du projet de loi est de donner une base légale à la pratique des réunions de conseils d'administrations des institutions de sécurité sociale en visioconférence. Il propose aussi de pouvoir recourir à une procédure d'instruction des dossiers à distance pour pouvoir assurer l'évacuation des oppositions des assurés dans les dossiers individuels.

Le projet de loi trace aussi le cadre dans lequel les conseils d'administration des institutions de sécurité sociale peuvent créer des groupes de travail. Il propose une uniformisation des modalités de fonctionnement de ces groupes de travail dans les institutions de sécurité sociale.

Enfin, le projet de loi prévoit que la durée de conservation d'un dossier de soins partagé (DSP) figure dans le CSS, suivant une exigence formulée par la Commission nationale pour la protection des données. Ainsi, l'article 60quater du CSS va définir une durée de conservation de 10 années, tout en assurant le maintien d'une flexibilité qui permet, en cas d'accord des parties, de modifier cette durée.

Outre les modifications apportées au CSS, le projet de loi propose aussi des modifications à la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale. Est visée une modification au niveau du Contrôle médical de la sécurité sociale (CMSS) par laquelle ce dernier pourra dorénavant recruter des médecins-dentistes.

Le projet de loi vise aussi à modifier la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension. Il s'agit d'une modification à caractère technique qui doit tenir compte du fait qu'il n'existe plus qu'un seul régime spécial transitoire depuis 2015. De plus, suite à une demande de la Caisse nationale d'assurance pension, le projet de loi vise à préciser un élément relatif à des règles de cumul entre pension et activité rémunérée.

Dépôt par M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale, le 22/01/2021

Rapporteur : M. Mars Di Bartolomeo

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

(Président : M. Dan Kersch) :

05/05/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'Etat

07/07/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'Etat

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 12/07/2022

Loi du 12 août 2022

Mémorial A : 2022, n° 472, page 1

## Amélioration de l'échange d'informations interadministratif

**7872 – Projet de loi portant modification de :**

**1° la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération inter-administrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administra-**



tion des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de

- la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;
  - la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;
  - la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;
  - la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;
  - la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale ;
- 2° la loi modifiée du 27 décembre 1817 sur la perception du droit de succession ;
- 3° la loi modifiée du 7 août 1920 portant majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession, etc.

Le projet de loi a pour objet principal d'améliorer l'échange d'informations inter-administratif en vue de l'établissement correct des différents impôts et taxes, la lutte contre la fraude fiscale et la garantie du principe de l'égalité des citoyens et des entreprises devant l'impôt. Des échanges d'informations sont notamment prévues entre l'AED et différentes entités publiques comme le Centre commun de la sécurité sociale (CCSS), le ministère ayant le Transport dans ses attributions, l'Agence pour le développement de l'emploi (ADEM) et la Commission de surveillance du secteur financier (CSSF). Par ailleurs, les ministères, administrations, services et établissements publics de l'État fournissent sur demande à l'AED tous renseignements, actes et documents en leur possession qui sont nécessaires pour l'exercice de ses attributions en matière domaniale. Les dispositions prévues dans le projet de loi sont conformes au règlement (UE) 2016/679 du Parlement européen et du Conseil du 27 avril 2016 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données, et abrogeant la directive 95/46/CE (RGPD).

Dépôt par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 17/08/2021  
Rapporteur : M. André Bauler

Travaux de la Commission des Finances et du Budget  
(Président : M. André Bauler) :

03/12/2021 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi

03/05/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État  
Adoption d'une série d'amendements parlementaires

01/07/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 07/07/2022  
Loi du 20 juillet 2022  
Mémorial A : 2022, n° 370, page 1

## Élargissement des attributions de la Police grand-ducale

### 7909 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale

Le projet de loi complète la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale par des dispositions, dont l'objet est de garantir l'accès du public aux bâtiments publics ou privés. Pour éloigner une personne qui entrave l'entrée ou la sortie accessible au public d'un bâtiment public ou privé, la Police peut intervenir d'abord par un rappel à l'ordre, ensuite, si la personne n'obtempère pas, par une injonction d'éloignement, exécutée au besoin par la force.

La mesure d'éloignement prévue est un moyen de police administrative qui vise à garantir la liberté de circulation en tendant à trouver l'équilibre entre la nécessité et la proportionnalité. Une mesure administrative ne constitue pas une sanction, mais a pour objet de régler directement une situation pour rétablir l'ordre public. La future loi répond à une demande ponctuelle de longue date qui consiste précisément à débloquent les entrées et sorties de bâtiments.

Les missions de police administrative s'exercent dans les lieux où la Police a l'accès légal. La future loi n'inclut pas dans son champ d'application les lieux non accessibles au public, lesquels relèvent du domaine du droit pénal et de la police judiciaire.

Contrairement à d'autres mesures de police administrative, il n'est ici pas requis que la personne se comporte de façon à créer un danger pour la sécurité publique, sa simple présence et le fait d'entraver la liberté d'aller et de venir des autres personnes souhaitant utiliser cet accès suffisent à justifier son éloignement.

Dépôt par M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure, le 08/11/2021  
Rapporteuse : Mme Stéphanie Empain

Travaux de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense  
(Présidente : Mme Stéphanie Empain) :

06/01/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation et examen du projet de loi

21/06/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État  
Adoption d'un amendement parlementaire

05/07/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

08/07/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 12/07/2022  
Loi du 22 août 2022  
Mémorial A : 2022, n° 469, page 1

## Redressement et résolution des contreparties centrales

### 7933 – Projet de loi portant : 1° modification de :

- a) la loi modifiée du 15 mars 2016 relative aux produits dérivés de gré à gré, aux contreparties centrales et aux référentiels centraux et modifiant différentes lois relatives aux services financiers ;
  - b) la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ;
  - c) la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière ;
  - d) la loi modifiée du 19 mai 2006 portant transposition de la directive 2004/25/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 avril 2004 concernant les offres publiques d'acquisition ;
  - e) la loi modifiée du 24 mai 2011 concernant l'exercice de certains droits des actionnaires aux assemblées générales des sociétés cotées ;
  - f) la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement ; et du
  - g) règlement grand-ducal modifié du 18 décembre 1981 concernant les dépôts fongibles de métaux précieux et modifiant l'article 1<sup>er</sup> du règlement grand-ducal du 17 février 1971 concernant la circulation de valeurs mobilières ; et
- 2° mise en œuvre du règlement (UE) 2021/23 du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 2020 relatif à un cadre pour le redressement et la résolution des contreparties centrales et modifiant les règlements (UE) n° 1095/2010, (UE) n° 648/2012, (UE) n° 600/2014, (UE) n° 806/2014 et (UE) 2015/2365, ainsi que les directives 2002/47/CE, 2004/25/CE, 2007/36/CE, 2014/59/UE et (UE) 2017/1132

Le projet de loi a, en premier lieu, pour objet d'opérationnaliser le règlement (UE) 2021/23 du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 2020 relatif à un cadre pour le redressement et la résolution des contreparties centrales et modifiant les règlements (UE) 1095/2010, (UE) 648/2012, (UE) 600/2014, (UE) 806/2014 et (UE) 2015/2365, ainsi que les directives 2002/47/CE, 2004/25/CE, 2007/36/CE, 2014/59/UE et (UE) 2017/1132 (ci-après « règlement (UE) 2021/23 »).

En second lieu, des ajustements sont apportés à la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière afin de la moderniser et de la clarifier.

Le règlement (UE) 2021/23 s'inscrit dans la continuité du règlement (UE) 648/2012 du Parlement européen et du Conseil du 4 juillet 2012 sur les produits dérivés de gré à gré, les contreparties centrales et les référentiels centraux (règlement dit « EMIR »).

Compte tenu de l'importance et de la taille croissantes des activités des contreparties centrales et de la part significative du risque financier du système financier de l'Union traitée par celles-ci, il est devenu nécessaire de compléter la législation européenne existante en la matière en introduisant un cadre de redressement et de résolution spécifique pour les contreparties centrales.

La mise en œuvre du règlement (UE) 2021/23 nécessite la modification de plusieurs lois. Sont modifiées notamment la loi modifiée du 15 mars 2016 relative aux produits dérivés de gré à gré, aux contreparties centrales et aux référentiels centraux et modifiant différentes lois relatives aux services financiers, ainsi que la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier. La Commission de surveillance du secteur financier (CSSF) se voit attribuer de nouvelles compétences en matière de redressement des contreparties centrales. Le conseil de résolution de la CSSF se voit attribuer des compétences en matière de résolution des contreparties centrales.

Le deuxième volet de la loi en projet vise à modifier la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière. Il s'agit notamment de moderniser les dispositions relatives à l'exécution des garanties financières. Ainsi le régime de la vente publique d'instruments financiers à la suite de l'exécution d'une garantie financière est réformé. Les dispositions en vigueur à l'heure actuelle confient la vente publique d'instruments financiers à la Bourse de Luxembourg. Or, cette disposition remonte à l'époque où la Bourse de Luxembourg fonctionnait sur base d'une concession de l'État. Par voie de conséquence, il est nécessaire de prévoir un nouveau régime de vente publique des instruments financiers. Le nouveau régime s'inspire de la procédure classique de la vente aux enchères.

En outre, le projet de loi modernise également les autres modes de réalisation des garanties et introduit également des dispositions visant à clarifier les mesures d'exécution pour les actifs de nature particulière, tels que les parts ou actions d'organismes de placement collectif ou les polices d'assurance.

Dépôt par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 20/12/2021

Rapporteur : M. André Bauler

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président : M. André Bauler) :

07/02/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

17/06/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

Adoption d'un amendement parlementaire

01/07/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 07/07/2022

Loi du 20 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 371, page 1

## Suivi de mesures restrictives en matière financière

**7967 – Projet de loi portant création d'un comité de suivi de mesures restrictives en matière financière et portant modification de : 1° l'article 506-1 du Code pénal ; 2° la loi du 19 décembre 2020 relative à la mise en œuvre de mesures restrictives en matière financière**

Le projet de loi sous rubrique a pour objet la création d'un comité de suivi de mesures restrictives en matière financière. Des mesures restrictives (souvent appelées sanctions), telles que le gel de fonds, sont notamment mises en place dans le cadre de la lutte contre le financement du terrorisme, la prolifération des armes de destruction massive et les violations du droit international. Des pays, des personnes physiques ou morales, des entités ou des groupes peuvent être visés par des mesures restrictives. La loi en projet vise à créer un comité de suivi de mesures restrictives et à définir les missions, la composition et le mode de fonctionnement de ce comité. Il a pour missions principales de suivre d'une part la mise en œuvre des sanctions financières et, d'autre part, de contribuer au développement de la politique nationale y afférente.

Dépôt par Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 14/02/2022

Rapporteur : M. André Bauler

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président : M. André Bauler) :

14/03/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Adoption d'un amendement parlementaire

17/05/2022 Présentation d'un amendement gouvernemental

01/07/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 07/07/2022

Loi du 20 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 369, page 1

## Éducation non formelle en période scolaire

**7986 – Projet de loi portant modification de : 1° la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse ; 2° la loi modifiée du 17 décembre 2021 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022**

Le présent projet de loi vise à garantir l'accès universel à l'offre en éducation non formelle en période scolaire en la rendant gratuite pour tous les enfants scolarisés. Par ailleurs, il entend soutenir les familles à revenu modeste qui désirent faire bénéficier leurs enfants d'une offre d'accueil pendant les vacances et congés scolaires.

L'accueil des enfants scolarisés assuré par un intervenant ayant la qualité de prestataire chèque-service accueil au sens des dispositions de l'article 25 de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse est ainsi rendu gratuit pendant l'année scolaire hors vacances et congés scolaires, du lundi au vendredi, entre sept et dix-neuf heures. Par ailleurs, chaque enfant scolarisé pourra profiter de cinq repas principaux gratuits par semaine, hormis les vacances et les congés scolaires.

Le projet de loi sous rubrique prévoit par ailleurs des modifications au niveau du calcul de la participation financière des parents aux services d'éducation et d'accueil offerts pendant les vacances et les congés scolaires. Celle-ci sera calculée à partir du barème du chèque-service accueil figurant aux annexes I et II de la loi modifiée du 4 juillet 2008 précitée, sans application du tarif forfaitaire de cent euros par semaine de présence, qui est supprimé pour les enfants scolarisés. Les enfants dont les parents disposent d'un revenu inférieur à deux fois le salaire social minimum pourront profiter de la gratuité des cinq repas principaux pendant les vacances et les congés scolaires. Le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse vise ainsi à soutenir les parents qui veulent faire bénéficier leurs enfants d'une offre d'accueil pendant les vacances et les congés scolaires.

Les nouvelles mesures s'inscrivent dans la logique d'une politique éducative égalitaire et ont comme but d'éviter l'exclusion d'une partie moins aisée de la population de l'offre en éducation non formelle. Il importe de souligner que les aides financières augmentent avec le risque de précarité des ménages et que seules les familles les plus démunies pourront profiter de la gratuité des cinq repas principaux durant les vacances et les congés scolaires, étant donné que le seuil de revenu d'éligibilité est fixé à deux fois le salaire social minimum.

Contrairement à l'éducation formelle, qui est obligatoire pour chaque enfant habitant au Luxembourg et tombant sous le champ de l'obligation scolaire, l'offre en éducation non formelle ne constitue pas un droit. Bien que le Gouvernement entende faciliter l'accès aux services d'éducation et d'accueil par l'introduction de nouvelles aides financières, les parents ne sont pas obligés de faire bénéficier leurs enfants de cette offre. Ils restent donc libres d'adhérer ou non au dispositif du chèque-service accueil.

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 30/03/2022

Rapporteur : M. Gilles Baum

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

(Président : M. Gilles Baum) :

11/05/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

27/06/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

Adoption d'une série d'amendements parlementaires

07/07/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 12/07/2022

Loi du 29 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 445, page 1

## Échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre

**7998 – Projet de loi instaurant un régime d'aides dans le contexte du système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre pour la période 2021-2030**

Le présent projet de loi fait partie du paquet de mesures visant à soutenir les entreprises pour faire face à la crise énergétique exacerbée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine et s'inscrit dans le cadre du système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre de l'Union européenne (SEQUE-UE).

Le système d'échange de quotas crée un risque de fuite de carbone dans certains secteurs et sous-secteurs électro-intensifs. Pour pallier ce risque et préserver



la compétitivité de l'industrie européenne, la directive permet aux États membres d'adopter des mesures financières en faveur de ces secteurs et sous-secteurs dans le respect des règles relatives aux aides d'État de l'Union européenne.

Alors que le précédent régime d'aides pour les exercices 2017 à 2020 est arrivé à échéance fin 2020, le présent projet de loi a pour objet de mettre en place un nouveau régime d'aides pour couvrir une partie des coûts des émissions indirectes des entreprises appartenant à des secteurs et sous-secteurs identifiés par la Commission européenne pour les exercices 2021 à 2030.

Le montant de l'aide apportée aux entreprises concernées s'élève en principe à 75 % des coûts des émissions indirectes supportés. Si ce montant ne permet pas aux entreprises bénéficiaires de réduire les coûts de leurs émissions indirectes à 1,5 % de leur valeur brute ajoutée, elles ont en outre la possibilité de demander une majoration de l'aide. L'aide prend la forme d'une subvention.

Le projet de loi introduit pour la première fois des contreparties environnementales pour certaines entreprises bénéficiaires des aides. Ainsi, pour les grandes entreprises, l'octroi d'une aide est conditionné à des engagements visant à améliorer le bilan écologique de l'entreprise en question. Une telle entreprise désirant bénéficier des aides doit s'engager à :

- soit mettre en œuvre des mesures identifiées par l'audit énergétique rendu obligatoire par la loi modifiée du 5 août 1993 concernant l'utilisation rationnelle de l'énergie ;
- soit couvrir 30 % de sa consommation électrique par des énergies renouvelables ;
- soit investir 50 % de l'aide perçue dans des projets de décarbonisation.

Si elles ne remplissent pas une de ces conditions, les entreprises s'exposent au remboursement des aides versées. Ces mêmes entreprises doivent également démontrer qu'elles satisfont à l'obligation d'effectuer un audit énergétique, conformément à la loi modifiée du 5 août 1993 précitée.

Malgré la difficulté d'estimer le prix des quotas d'émission de gaz à effet de serre durant la période du régime d'aide, à savoir du 1<sup>er</sup> janvier 2021 au 31 décembre 2030, un budget moyen annuel de 50 millions d'euros est prévu. Le budget total du régime est ainsi estimé à environ 500 millions d'euros. L'évolution du prix du CO<sub>2</sub> complique toutefois les prévisions budgétaires.

Dépôt par M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 28/04/2022  
Rapporteur : M. Guy Arendt

Travaux de la Commission spéciale « Tripartite »  
(Président : M. Gilles Baum) :

10/05/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi  
24/06/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État  
01/07/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 07/07/2022  
Loi du 15 juillet 2022  
Mémorial A : 2022, n° 356, page 1

## Régime d'aides sous forme de garanties

### 7999 – Projet de loi visant à mettre en place un régime d'aides sous forme de garanties en faveur de l'économie luxembourgeoise à la suite de l'agression de la Russie contre l'Ukraine

Le projet de loi transpose une des mesures retenues dans l'accord conclu à l'issue du Comité de coordination tripartite.

L'objectif du projet de loi est de pallier les besoins en liquidités des entreprises établies au Luxembourg qui sont touchées par les conséquences économiques de l'agression militaire de l'Ukraine en s'assurant que les banques continuent de leur accorder des prêts en instaurant un régime de garanties d'État sur de nouveaux prêts.

Ces prêts, qui devront permettre aux entreprises de financer leurs activités courantes ou leurs investissements, pourront s'étendre sur une durée maximale de six ans. Ils pourront porter sur un montant équivalant à 15 % du chiffre d'affaires moyen des trois dernières années ou 50 % des coûts de l'énergie sur les douze mois précédents de l'entreprise.

Le régime d'aides prévu par le présent projet de loi succède au régime d'aides mis en place lors de la pandémie Covid-19 et qui est arrivé à échéance à la fin de l'année 2021. Vu que la pandémie a déjà fragilisé la santé financière de bon nombre d'entreprises, la garantie étatique pourra également bénéficier, sous certaines conditions, à des entreprises en difficulté ainsi qu'à des entreprises qui ont déjà bénéficié d'une garantie étatique dans le cadre de la loi modifiée du 18 avril 2020 visant à mettre en

place un régime de garantie en faveur de l'économie luxembourgeoise dans le cadre de la pandémie Covid-19.

Certaines entreprises, notamment celles faisant l'objet de sanctions adoptées par l'Union européenne, ne pourront pas bénéficier de la garantie étatique.

Il convient également de souligner que le régime d'aides institué par la présente loi se fonde sur la section 2.2 de l'« encadrement temporaire de crise pour les mesures d'aide d'État visant à soutenir l'économie à la suite de l'agression de la Russie contre l'Ukraine » adopté par la Commission européenne le 23 mars 2022. À l'instar de l'encadrement temporaire mis en place durant la pandémie Covid-19, il pose les conditions selon lesquelles les États membres comme le Luxembourg peuvent soutenir l'économie durant la crise actuelle. Dans ce contexte, il y a lieu de relever que le régime proposé a déjà été approuvé par la Commission européenne.

Le régime de garantie sera limité à un budget global de 500 millions d'euros.

Dépôt par M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 28/04/2022  
Rapporteur : M. André Bauler

Travaux de la Commission spéciale « Tripartite »  
(Président : M. Gilles Baum) :

10/05/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi  
04/07/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État  
08/07/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 12/07/2022  
Loi du 15 juillet 2022  
Mémorial A : 2022, n° 357, page 1

## Financement de travaux au Centre hospitalier de Luxembourg

### 8006 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement des travaux de construction du nouveau bâtiment du Centre hospitalier de Luxembourg

Le présent projet de loi autorise l'État à participer au financement des travaux de construction du nouveau bâtiment du Centre hospitalier de Luxembourg (CHL). L'enveloppe budgétaire à accorder ne peut pas dépasser le montant de 555.856.629 euros toutes taxes comprises.

En vertu de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière, la participation financière de l'État est à charge du Fonds pour le financement des infrastructures hospitalières. Cette loi n'autorise une participation financière de l'État qu'à raison de 80 % aux frais d'investissements mobiliers et immobiliers. Le montant de 555.856.629 euros toutes taxes comprises que le présent projet de loi propose d'autoriser correspond dès lors à 80 % du coût de ces travaux, à savoir 694.820.786 euros. Les 20 % restants sont pris en charge par la Caisse nationale de santé (CNS). Le coût total du projet, quant à lui, est de 820.960.000 euros toutes taxes comprises. À noter qu'une partie des travaux sera ainsi financée par des fonds propres du CHL.

Étant donné que le montant que l'État doit mettre à disposition pour réaliser ce projet dépasse le seuil de 40.000.000 euros prévu par la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État, une loi spéciale de financement est nécessaire.

Dépôt par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 13/05/2022  
Rapporteur : M. Mars Di Bartolomeo

Travaux de la Commission de la Santé et des Sports  
(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :  
03/05/2022 Présentation de l'avant-projet de loi  
05/07/2022 Désignation d'un rapporteur  
Examen de l'avis du Conseil d'État  
07/07/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 12/07/2022  
Loi du 15 juillet 2022  
Mémorial A : 2022, n° 362, page 1

## Régime d'aides en compensation des surcoûts d'énergie

### 8019 – Projet de loi visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine

Le projet de loi transpose une des mesures retenues dans l'accord trouvé à l'issue du Comité de coordination tripartite.

L'objectif du projet de loi est de mettre en place un régime d'aides temporaire destinées à compenser une partie des surcoûts en énergie liés à l'agression militaire russe en Ukraine des entreprises concernées.

Un premier type d'aide s'adresse aux entreprises grandes consommatrices d'énergie de toutes tailles et de tous secteurs économiques qui sont confrontées à une hausse sévère des prix du gaz naturel et de l'électricité. L'aide, dont l'intensité et le montant maximal sont modulés selon l'exposition des entreprises à la flambée des prix, couvre une partie des surcoûts mensuels des entreprises pendant une période courant du mois de février à décembre 2022. L'aide n'a pas vocation à compenser l'intégralité de la hausse des prix par rapport à l'année 2021 observée depuis le début de l'année, mais seulement la hausse sévère de ceux-ci.

Le second type d'aide s'adresse aux entreprises du secteur du transport routier de fret, de la construction et de l'artisanat alimentaire qui enregistrent des pertes et dont la pérennité de l'activité économique est donc remise en cause du fait de la hausse des prix du carburant dont elles ont besoin pour leurs déplacements et leurs livraisons. Une aide d'un montant maximal de 400.000 euros par groupe peut leur être octroyée afin de couvrir une partie des coûts additionnels en gasoil qu'elles encourent de février à décembre 2022.

Compte tenu des différents critères d'éligibilité aux aides, et notamment de la condition relative à la nécessité de démontrer une perte d'exploitation afin de toucher les montants d'aides plus élevés, il est actuellement difficile d'estimer un nombre de bénéficiaires ainsi qu'un impact budgétaire.

Le volume d'aides sollicité dépend aussi fortement de l'évolution du prix du gaz naturel, de l'électricité ainsi que du gasoil d'ici la fin de l'année. Compte tenu de ces éléments, le Ministère de l'Économie estime qu'entre 150 à 200 entreprises pourront bénéficier du régime d'aides avec un impact budgétaire maximal de 225 millions d'euros.

Dépôt par M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 02/06/2022

Rapporteur : M. Gilles Baum

Travaux de la Commission spéciale « Tripartite »

(Président : M. Gilles Baum) :

10/06/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

04/07/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

08/07/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 12/07/2022

Loi du 15 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 412, page 1

## Adhésion de la Finlande à l'OTAN

### 8044 – Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Finlande, fait à Bruxelles, le 5 juillet 2022

Le présent projet de loi a pour but d'approuver le Protocole sur l'accession de la République de Finlande au Traité de l'Atlantique Nord. Ce Protocole a été signé le 5 juillet 2022 à Bruxelles par les Représentants permanents des États membres de l'Organisation du Traité de l'Atlantique Nord (OTAN), dotés des pleins pouvoirs par leurs gouvernements.

La coopération entre la République de Finlande et l'OTAN remonte à 1994, lorsque la République de Finlande a rejoint le programme de Partenariat pour la paix (PPP), tout en maintenant une politique de non-alignement militaire. L'évolution de la situation sécuritaire du pays depuis l'agression militaire de la Fédération de Russie contre l'Ukraine, à partir du 24 février 2022, est la principale cause du souhait de rapprochement et d'approfondissement de la coopération de la République de Finlande avec l'OTAN.

Le 15 mai 2022, le gouvernement finlandais a formellement annoncé son intention de soumettre une demande d'adhésion à l'OTAN. Le 17 mai 2022, le parlement finlandais a approuvé par un vote la volonté du gouvernement de demander l'adhésion à l'OTAN.

Suite à la signature du Protocole d'accession de la République de Finlande par tous les États membres de l'OTAN en date du 5 juillet 2022, le pays peut désormais participer aux réunions de l'OTAN en tant que pays invité. Dès que le Protocole aura été ratifié par les 30 États membres de l'Alliance, le pays deviendra un État partie au Traité de l'Atlantique Nord. L'application de l'article 5 du Traité de l'Atlantique Nord s'ajoutera à la solidarité et aux engagements de soutien mutuel en cas d'agression déjà applicables entre les États membres de l'Union européenne aux termes de l'article 42.7 du Traité de l'Union européenne.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 11/07/2022

Rapporteuse : Mme Lydia Mutsch

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

(Président : M. Yves Cruchten) :

11/07/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 12/07/2022

Loi du 22 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 381, page 1

## Adhésion de la Suède à l'OTAN

### 8045 – Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession du Royaume de Suède, fait à Bruxelles, le 5 juillet 2022

Le présent projet de loi a pour but d'approuver le Protocole sur l'accession du Royaume de Suède au Traité de l'Atlantique Nord. Ce Protocole a été signé le 5 juillet 2022 à Bruxelles par les Représentants permanents des États membres de l'Organisation du Traité de l'Atlantique Nord (OTAN), dotés des pleins pouvoirs par leurs gouvernements.

La coopération entre le Royaume de Suède et l'OTAN remonte à 1994, lorsque le pays a rejoint le programme de Partenariat pour la paix (PPP), tout en maintenant une politique de non-alignement militaire. L'évolution de la situation sécuritaire du pays depuis l'agression militaire de la Fédération de Russie contre l'Ukraine, à partir du 24 février 2022, est la principale cause du souhait de rapprochement et d'approfondissement de la coopération du Royaume de Suède avec l'OTAN.

Le 16 mai 2022, après consultation avec le parlement, le gouvernement suédois a formellement annoncé son intention de soumettre une demande d'adhésion à l'OTAN. Le 18 mai 2022, le Royaume de Suède et la République de Finlande ont remis au Secrétaire général de l'Alliance leurs lettres officielles pour demander de devenir des alliés de l'OTAN.

Suite à la signature du Protocole d'accession du Royaume de Suède par tous les États membres de l'OTAN en date du 5 juillet 2022, le pays peut désormais participer aux réunions de l'OTAN en tant que pays invité. Dès que le Protocole aura été ratifié par les 30 États membres de l'Alliance, le pays deviendra un État partie au Traité de l'Atlantique Nord. L'application de l'article 5 du Traité de l'Atlantique Nord s'ajoutera à la solidarité et aux engagements de soutien mutuel en cas d'agression déjà applicables entre les États membres de l'Union européenne aux termes de l'article 42.7 du Traité de l'Union européenne.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 11/07/2022

Rapporteuse : Mme Lydia Mutsch

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

(Président : M. Yves Cruchten) :

11/07/2022 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 12/07/2022

Loi du 22 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 380, page 1



## Sommaire

1. **Ouverture de la séance publique** ..... p. 11  
M. Fernand Etgen, Président
2. **7998 – Projet de loi instaurant un régime d'aides dans le contexte du système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre pour la période 2021-2030** ..... p. 11  
Rapport de la Commission spéciale « Tripartite » : M. Guy Arendt  
Discussion générale : M. Marc Spautz | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Claude Wiseler et Mme Octavie Modert) | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel)  
Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | M. Marc Goergen (parole après ministre) | M. le Ministre Franz Fayot  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7998 et dispense du second vote constitutionnel
3. **7872 – Projet de loi portant modification de :**  
1° la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de  
– la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;  
– la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;  
– la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;  
– la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;  
– la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale ;  
2° la loi modifiée du 27 décembre 1817 sur la perception du droit de succession ;  
3° la loi modifiée du 7 août 1920 portant majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession, etc. .... p. 16  
Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler  
Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. Yves Cruchten | M. François Benoy | M. Roy Reding | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7872 et dispense du second vote constitutionnel
4. **7933 – Projet de loi portant :**  
1° modification de :  
a) la loi modifiée du 15 mars 2016 relative aux produits dérivés de gré à gré, aux contreparties centrales et aux référentiels centraux et modifiant différentes lois relatives aux services financiers ;  
b) la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ;  
c) la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière ;  
d) la loi modifiée du 19 mai 2006 portant transposition de la directive 2004/25/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 avril 2004 concernant les offres publiques d'acquisition ;  
e) la loi modifiée du 24 mai 2011 concernant l'exercice de certains droits des actionnaires aux assemblées générales des sociétés cotées ;  
f) la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement ; et du  
g) règlement grand-ducal modifié du 18 décembre 1981 concernant les dépôts fongibles de métaux précieux et modifiant l'article 1<sup>er</sup> du règlement grand-ducal du 17 février 1971 concernant la circulation de valeurs mobilières ; et  
2° mise en œuvre du règlement (UE) 2021/23 du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 2020 relatif à un cadre pour le redressement et la résolution des contreparties centrales et modifiant les règlements (UE) n° 1095/2010, (UE) n° 648/2012, (UE) n° 600/2014, (UE) n° 806/2014 et (UE) 2015/2365, ainsi que les directives 2002/47/CE, 2004/25/CE, 2007/36/CE, 2014/59/UE et (UE) 2017/1132 ..... p. 18  
Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler (intervention de M. Roy Reding)

- Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. Dan Biancalana | M. François Benoy | M. Roy Reding | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7933 et dispense du second vote constitutionnel
5. **7967 – Projet de loi portant création d'un comité de suivi de mesures restrictives en matière financière et portant modification de :**  
1° l'article 506-1 du Code pénal ;  
2° la loi du 19 décembre 2020 relative à la mise en œuvre de mesures restrictives en matière financière ..... p. 20  
Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler  
Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. Dan Biancalana | M. François Benoy | M. Roy Reding | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7967 et dispense du second vote constitutionnel
  6. **Heure d'actualité de la sensibilité politique Piraten au sujet de la prise en charge des patients par les gynécologues et les pédiatres** ..... p. 22  
Exposé : M. Marc Goergen  
Débat : M. Marc Spautz | Mme Carole Hartmann | Mme Cécile Hemmen | M. Marc Hansen | M. Jeff Engelen | Mme Nathalie Oberweis  
Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé
  7. **Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet des violences gynécologiques et obstétricales** ..... p. 27  
Exposé : Mme Nathalie Oberweis (dépôt des motions 1 à 4)  
Débat : Mme Diane Adehm | M. Gusti Graas | Mme Cécile Hemmen | M. Marc Hansen | M. Jeff Engelen | M. Marc Goergen (dépôt des motions 5 et 6)  
Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé  
Motion 1 : Mme Diane Adehm | M. Fernand Kartheiser | Mme Cécile Hemmen | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen | Mme Diane Adehm  
Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)  
Motion 2 : Mme Cécile Hemmen | M. Marc Goergen | Mme Diane Adehm | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Gilles Baum, Mme Octavie Modert et Mme Simone Beissel)  
Vote sur la motion 2 (adoptée)  
Motion 3 : Mme Cécile Hemmen | Mme Diane Adehm | M. Marc Goergen | Mme Nathalie Oberweis  
Vote sur la motion 3 (rejetée)  
Motion 4 : Mme Cécile Hemmen | Mme Nathalie Oberweis  
Vote sur le renvoi de la motion 4 en commission (adopté)  
Motion 5 : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Marc Goergen  
Retrait de la motion 5  
Motion 6 : Mme Cécile Hemmen  
Vote sur le renvoi de la motion 6 en commission (adopté) (intervention de Mme Cécile Hemmen)
  8. **Motion de Mme Martine Hansen relative à la campagne renforcée de sensibilisation et d'information relative aux risques objectifs du cannabis** ..... p. 37  
Exposé : Mme Martine Hansen  
Discussion générale : Mme Carole Hartmann | M. Yves Cruchten (interventions de Mme Martine Hansen et M. Gilles Roth)
  9. **Dépôt d'une motion par M. Yves Cruchten** ..... p. 39  
Exposé : M. Yves Cruchten
  10. **Motion de Mme Martine Hansen relative à la campagne renforcée de sensibilisation et d'information relative aux risques objectifs du cannabis (suite)**  
Motion de M. Yves Cruchten relative à la poursuite des travaux concernant l'élaboration et la mise en œuvre de la stratégie globale de prévention en matière de dépendance ..... p. 39

Discussion générale (suite) : M. Yves Cruchten | Mme Martine Hansen (interventions de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé et M. Yves Cruchten) | Mme Josée Lorsché | Mme Nathalie Oberweis (intervention de M. Fernand Kartheiser) | M. Marc Goergen | M. Fernand Kartheiser

Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Mme Martine Hansen (parole après ministre)

Vote sur la motion de Mme Martine Hansen (rejetée)

Vote sur la motion de M. Yves Cruchten (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre ; M. Franz Fayot et Mme Yuriko Backes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Nee, Här President.

## 2. 7998 – Projet de loi instaurant un régime d'aides dans le contexte du système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre pour la période 2021-2030

**M. Fernand Etgen**, Président | Op eisem Ordre du jour vun de Mëtteg steet de Projet de loi 7998 iwwert d'Hëllefsmesurë fir d'Käschte vun indirekten Ausstëss vun Zäregasen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, den honorablen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

**M. Guy Arendt** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, deen ech Iech haut virstellen, huet als Zil, eng vun de Mesuren aus dem Solidaritéitspak ëmzesetzen, deen d'Regierung zesumme mat de Sozialpartner den 31. Mäerz vun dësem Joer ënnerschriwwen huet.

Et ass eng vun den Aiden, déi d'Betriber betrëfft an hinne soll hëllef, duerch déi aktuell schwierig Zäiten ze kommen. D'Zil ass et, besonnesch energieintensiven industriellen Entrepreneuren e Subsid ze gi fir ze verhënnere, datt si hir Produktioun a Länner delokaliséieren, an deenen d'Ëmwelttoploe méi large sinn.

Wat fir Entreprisë sinn dann elo hei concernéiert?

Ma et sinn dat, wéi gesot, industriell Betriber, déi zum Beispill Aluminium, Stol oder Koffer produzéieren. Déi betreffen Sparten, déi a Fro kommen, sinn an enger Annex zum Gesetz bäigefüügt. Et wäerten hei am Land net vill Betriber eligibel si fir dës Hëllef. De Minister huet eis an der Kommissioun gesot, datt et ëm déi zéng Betriber wäerte sinn, déi d'Konditiounen erfëlle kéinten, fir dës Hëllef an Usproch ze huelen.

Mat dëser neier Hëllef wäerte mir och de Maximum ausschëdden, dee Bréissel eis erlaabt.

Et muss ee wëssen, datt mir schon am Kontext vum „système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre“ en Hëllefssystem haten, mee datt dësen Enn 2020 ausgelaf ass.

Den neie Regime wäert elo fir d'Period 2021 bis 2030 zielen. Et sinn awer e puer Ännerunge gemaach ginn am Verglach zu deem éischte Projet. Et muss een och wëssen, datt dësen Hëllefssystem och soll derzou bäidroen, d'Klimaziler, déi d'Europäesch Unie sech ginn huet, ze erreechen. Duerfir mussen déi Entrepreneuren, déi dës Hëllef wëllen an Usproch huelen, nohalteng Engagementer huelen. Dat ass nei par rapport zu dem viregten Regime.

Si hunn de Choix, d'Entrepreneuren, tëschent dräi verschiddenen Engagementen. Entweder si setzen eng Mesur ëm, déi während dem obligatoreschen „audit énergétique“ identifizéiert gouf, oder si mussen, op ee Joer gekuckt, 30 % vun hirem Stromverbrauch aus erneierbaren Energie bezéien. Zum Schluss, eng lescht Optioun, déi se hunn, ass, 50 % vun deem Montant, dee se als Hëllef kréien, an en Dekarbonisatiounsprojet ze investéieren.

Niewebäi mussen awer och all d'Entrepreneuren en obligatoreschen Audit énergétique maachen, esou wéi et am Gesetz vum 5. August 1993 virgesinn ass. Komme se dësen Obligatiounen net no, mussen si d'Hëllef zréckginn.

D'Hëllef ass am Prinzip 75 % vun de Käschte vun den indirekten Emissiounen. Dës Käschte ginn duerch eng speziell Formel ausgerechent. Falls Betriber mat dëser Hëllef hir Käschte vun den indirekten Emissiounen net op 1,5 % vun hirem Valeur brute ajoutée erofgesat kréien, kënnen se och eng Majoratioun vun dëser Aide ufroen.

De Subsid gëtt am Prinzip nodréiglech bezuelt, dat heescht d'Joer nodeem d'Käschten entstane sinn. Dat heescht, wann een elo hëlt ... fir dës Joer wär et dann 2023. De Subsid gëtt nodréiglech ausbezahlt. Nei ass awer och, datt eng Avance vu 25 % vun der Hëllef ausbezahlt ka ginn.

Et ass schwéier ze soen, wivill dës Hëllef de Staat kaschte wäert, well d'CO<sub>2</sub>-Bepräisung bis 2030 staark variéiere kann. Et goufen elo mol, en moyenne, 50 Milliounen d'Joer bis 2030 budgetiséiert, wat eng Gesamtveloppe vu 500 Milliounen ausmécht.

D'Gesetz ass applikabel vum 1. Januar 2021 un.

Déi betreffen Ministeren – Finanz an Economie – mussen des Weideren alljoers e Rapport un d'EU-Kommissioun iwwert de Suivi vun dësem Gesetz schécken. D'Europäesch Kommissioun huet an der Tëschenzäit och hire Feu vert gi fir dës Hëllef, soudatt mir dësen Text ouni Clause suspensive haut de Mëtteg stëmme kënnen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat d'Avis vun de Beruffskummeren ugeet, krute mir just déi vun der Chambre des Salariés eran.

D'Chambre des Salariés ënnerstëtzt d'Affäre vun dëser neier Hëllef fir elektointensiv Entrepreneuren. Si fënnen d'Period, fir déi dës Hëllef gëllt, awer ze laang. Si ass och net d'accord domadder, datt d'Intensitéit vun der Hëllef iwwert déi ganz Period déi selwecht ass. Si hätt léiwer eng progressiv Reduktioun gehat, well dat an hiren Aen d'Entreprisë méi derzou incitéiert hätt, an eng energieetesche Effikassitéit ze investéieren. D'Chambre des Salariés ënnerstëtzt och d'Affäre vun den Engagementen, déi d'Entreprisë mussen huelen, fir dierfen an de Genoss vun den Hëllef ze kommen. Zum Schluss allerdéngs bedauert d'CSL nach, datt d'Hëllef net u sozial Konditiounen gekoppelt sinn.

Komme mer elo zum Avis vum Staatsrot. De Staatsrot huet e puer Opposition-formellen ausgeschwat, mee hien huet eis d'Liewen an deem Sënn vereinfacht, datt hien direkt Proposition-de-textë virgeschloen

huet. Esou hu mir keng Amendementen missen areeche a mir kënnen esou de Projet haut schon zum Vott presentéieren, ouni Zäit ze verléieren.

Wat d'Detailer vun deenen zwee Avisen ugeet, verweisen ech gären op mäi schrëftleche Rapport esouwéi déi jeeeweileg Avisen.

Dës gesot soen ech all deenen, déi un dësem Projet am Ministère, an der Chamber an an der Fraktioun matgeholfen hunn, Merci, an Iech och fir d'Nolauscheren. An zum Schluss wëll ech dann awer och den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Text ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Rapporteur Guy Arendt.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Och merci dem Rapporteur Guy Arendt fir deen exzellente mëndlechen a schrëftleche Bericht. En huet et ënnerstrach: Et ass just e Minimum u Betriber, deen hei zu Lëtzebuerg drënner fält. De Minister hat eis gesot, d'Unzuel vun den Entrepreneuren, déi heirop géifen zréckgräifen, géif sech op tëschent zéng an enger Dose bedroen. An deen Accord hei baséiert och op dem Tripartite-Accord vum 31. Mäerz 2022.

Eng Remark, déi ech mer awer erlabe wëll ze maachen: Mir hate mat verschiddene Betriber, déi kënnen dodrënner falen, Diskussiounen. Déi hunn eis awer drop opmierksam gemaach – an dat ass jo och eng Diskussioun, déi mir schon heibannen haten –, dass de Präis, wat d'Energie ugeet, net eréischt an d'Luucht gaangen ass duerch dee Krich, dee schreckleche Krich an der Ukrain, mee dass dat och schon d'lescht Joer ugefaangen huet, dass déi enorm Präisaugmentatiounen am Energiesektor festgestallt gi sinn. Et gëtt oft ëmmer nëmme gesot, et wär mam Amarsch vun de Russen an der Ukrain geschitt, mee och scho virdru ware Schwierigkeeten um Energie-marché do.

Fir de Rescht kënnen mir als CSV deem Projet eis Zoustëmmung ginn. A mir begrëssen och ausseruerdentlech, dass déi Avance ka gemaach gi vun deenen 25 %, wou och de Rapporteur drop higewisen huet, dass do d'Betriber d'Méiglechkeet hunn, scho virdrun eppes ze kréien, an net mussen waarde bis 2023, well do sinn a verschiddene Betriber Augmentatiounen derbäi, wou déi sech mussen iwwerleeën, ob se hei nach solle produzéieren oder net. An dofir hoffe mer, dass mat där Hëllef, déi do vum Staat kënnt, déi Produktioun hei zu Lëtzebuerg an domadder och fir de Marché de l'emploi erhale bleift.

Villmools merci, an d'CSV gëtt d'Zoustëmmung.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Spautz. An ech ginn d'Wuert weider un den honorablen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Och ech géif gären ufänken, andeems ech dem Här



Arendt villmools Merci soe fir säi gudde schrëftlechen an och wierklech gudde mëndleche Rapport. Ech mengen, dat war ganz verständlech fir jiddwereen, deen och vläicht net esou an der Matière dran ass.

Mir hëllefen hei eigentlech eiser Industrie an et ass wichteg, dass mer dat maachen, dass mer hei zu Lëtzebuerg ..., dass mer där Industrie, déi mer hunn, hëllefen. A mir wëssen, dass se am Moment, wéi d'Bierger och, ënnert den héijen Energiepräisser leit. Duerfir war et och richteg, dass mer eppes gemaach hunn. Duerfir war et och richteg, dass „Brëssel“ – ënner Gänseféisercher – eis léisst Direkthëllef maachen.

Den Här Spautz huet et richtegerweis gesot, d'Energiepräisser sinn net eréischt de 24. Februar dëst Joer geklommen, mee déi sinn och schonn d'lescht Joer geklommen. A wann ech dat richteg liesen, da gëllt dat Gesetz hei jo réckwierkend schonn op den 1. Januar 2021, soudass ech mengen, dass deene Bedenken, déi Dir ausgedréckt hutt, eigentlech am Gesetz Rechnung gedroe gëtt.

Mir bleift just, nach eng Kéier dem Rapportier Merci ze soen an den Accord ze gi vun der LSAP zu deem awer wichtige Gesetz. Och wann et net Honnerten Entreprises betrëfft, et betrëfft net ganz klenger.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Cruchten. An da wier et un der honorabeler Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här Président. Ech maachen et och kuerz, mee vun enger anerer Plaz aus.

Dir wësst, den Impakt vum Krich an der Ukrain op d'Energieversuergung an op hir Präisser ass mëttlerweil onëmstridden, nodeems sech natierlech och scho virun eng ganz Rei Problemer op deem Gebitt gestallt hunn.

An dowéinst dierft och dee gréisste Skeptiker a puncto erneierbar Energie mëttlerweil net méi drun zweifelen, dass mir der Ofhängegkeet vu fossilen Energien definitiv en Enn mussen setzen, emol onofhängeg vun de Klimaziler, déi mer mussen erreechen an och erreeche wëllen.

E wichtegen, mee och ganz schwierigen Deel vun där Transitiooun muss am Industriesecteur stattfannen, och bei der Groussindustrie. Dëse Sektour mécht zu Lëtzebuerg zwar nëmme knapp 6 % vum PIB aus a spillt reng ekonomesch gesinn eigentlech eng marginal Roll am Verglach zu anere Secteuren. An awer, oder vläicht grad well d'Industrie e grouss Potenzial um Niveau vun der nohalteger Entwécklung huet, därfe mer eiser Meinung no dëse Sektour net fale loossen.

Ganz am Contraire: Mir mussen och d'Groussindustrie stäerken, allerdéngs ënner Konditiounen, déi vum Staat fixéiert ginn an déi d'Industrie um Wee an d'Transitiooun an an d'Klimaneutralitéit dann och ënnerstëtzen. Dat zielt net nëmme fir Lëtzebuerg, mee dat zielt och um internationalen Niveau.

Dir wësst et och: Mam Emissiounszertifikatenhandel ass dëse Kader am Joer 2005 op EU-Niveau scho gesat gi fir d'Groussindustrie. Richteg agesat stellt dëse System e wichtegt Instrument duer, fir d'Emissiounen vun de groussen Betriber ze reduzéieren.

Allerdéngs menge mir, dass sech hannert deem Instrument och e Risiko verstoppt – an dat ass och bewisen –: Et ass deen, dass europäesche Industrien natierlech net mat deenen Industrie mathale kënnen, déi ausserhalb vun der EU produzéieren an hir Produktioun dowéinst aus der EU auslagere, fir manner

strengen Ëmwelt- a Klimaschutzoplagen ze ënnerleien. Dee Moment ass natierlech weeder dem Klima nach de Salariéen nach der Ekonomie vum betraffene Land gehollef.

Dowéinst ass dëse Projet de loi dann och ganz sënnavoll, well en eebe grad dës Entwécklung soll verhënnere, an dat méi speziell doduerch, dass d'Subventiounen eng Rei Nohaltegeeketskrittären enthalen an och Engagementer, déi vun de Betriber respektéiert musse ginn. Fir eis ass dat de richtige Wee.

E Risiko, dee sech awer dohannert verstoppt – an dofir sinn ech och op d'Pult komm, fir deen hei auszedrücken –, ass deen, dass dës Hëllefen eng relativ laang Zäitschinn ofdecken: Se reecht bis 2030, also bis zu deem Joer, wou d'CO<sub>2</sub>-Emissiounen ëm 55 % reduzéiert musse ginn. Dat setzt natierlech viraus, dass och d'Industrie hir Klimaziler bis dohi muss erfëllen, andeems se hir Emissiounen bis 2030 praktesch halbéiert.

Deemno wéi séier dëse Prozess verleeft, muss an den nächste Joren also analyséiert ginn, ob d'Nohaltegeeketskrittären, déi net nëmme an deemem Projet de loi, mee och op aneren Eebenen definéiert ginn, fir d'Betriber ze ënnerstëtzen, net weider verstärkt musse ginn.

Ech denken awer och un den Nohaltegeeketscheck fir Betriber, deen an eisen Aen absolutt onëmgänglech ass, fir d'Produktioun vu virera méi klimafreundlech an och méi energieeffizient ze gestalten. Jiddwerfalls muss alles drugesat ginn, fir dat grouss Nohaltegeeketspotenzial maximal auszuschöpfen, wat op villen Eebenen nach ëmmer am Industriesecteur läit.

Ech denken un d'Notzung vun Erneierbaren, awer net nëmme, och un d'Energieeffizienz, un d'Waasser- an d'Offallgestioun, den Transport vun industrielle Gidder an esou weider an esou fort.

Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi dréit ganz kloer en Deel zu där Transitiooun bäi. En ännert awer net alles, mee e setzt op d'mannst e richtegt a wichtegt Zeechen. An dofir ginn ech och ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun, mat engem Merci un de Rapportier, deen dat ganz kompetent gemaach huet, den Här Bauler, dee grad net héiert, dass ech ëm Merci soen.

**Plusieurs voix** | Den Här Arendt.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Den Här Arendt. Ech hat en net gesinn, pardon. Dir hat Iech verstoppt.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Ech wëilt och ufänken an dem Här Arendt e grouse Merci soen. Et ass e bëssen eng komplizéiert Matière gewiescht, a mat sengem übleche Geschéck huet en eis duerch dee Labyrinth do gefouert, op eng Manéier, dass mer alleguer verstinn, ëm wat et geet.

Trotz alle gudden Erklärungsversich mussen mer wëssen: Et ass e ganz schwéierfällegt Gesetz, et ass ganz bürokratesch. An déi Fro, déi mir eis och hei wëlle stellen, ass: Firwat mussen mer iwwerhaupt esou Moossnamen huelen?

An et ass, mengen ech, ganz, ganz wichteg, dass mer elo op eng aner Manéier iwwer Energiepolitik nodenken, wéi mer dat nach bis elo gemaach hunn. Well et sinn eigentlech zwou Haaptursachen, déi eis – eis an d'Industrie hei am Land – an déi ganz schwéier Situatioun féieren: Dat eent ass déi Manéier vun der Dekarboniséierung, vun der Energietransitiooun, wéi déi

hei ugepaakt gëtt, dat anert ass natierlech déi aktuell Situatioun an der Ukrain.

Et ass elo mat der Energietransitiooun ..., wéi gesot, do hu mer e Konsensus, wat d'Dekarboniséierung ugeet, awer warscheinlech net iwwert d'Methoden a wéi mer dat solle maachen.

Och d'Madamm Lorsché hat elo nach eng Kéier rappéléiert – merci dofir –, dass an hiren Aen déi alternativ Energie mussen ausgebaut ginn, dass déi Transitiooun muss virugeen.

Mir mussen hei wierklech ophale mat esou Legenden. Mir mussen wëssen, dass déi alternativ Energien am 1%ege Beräich vum Primärenergiebedarf vun eiser ganzer Gesellschaft leien. Méi couvréieren déi net! A wa mer keng Fossil hunn an, wéi vill Leit heibannen, och Nuklear net wëllen, da kann déi Rechnung net opgoen.

Dat heescht, fir eis ass et wichteg, dass mer eise Leit hei am Land an eiser Industrie zouverlässeg kënnen soen, dass se ëmmer genuch Stroum hunn, dass se zouverlässeg Stroum kréien ouni ze vill Schwankungen an dass se Stroum kréien, dee bëlle genuch ass, fir géintwärt der auslännescher Konkurrenz kënnen ze bestoen. Ënnert deene Konditiounen kann een d'Energietransitiooun maachen, mee déi Konditiounen, déi ginn hei ni genannt. Et gëtt ëmmer gesot, „déi alternativ Energien“ – déi erfëllen déi Krittären net, op jidde Fall net eleng.

Dat Zweet ass de Rhythmus, an deem dat gemaach gëtt. Dee Rhythmus, dee muss deem Rechnung droen, wat eis Konkurrenz mécht, weltwäit. Wa mir an enger Vitess dekarboniséieren, déi déi aner net esou matmaachen, da bréngt mer eis Industrie an en terribel Kompetitivitéitsproblem par rapport zu den Haaptkonkurrenten an aneren Industrienatiounen.

Europa ass net den Nuebel vun der Welt a mir mussen kucken, wa mir hei op dee Wee ginn – wat mer kënnen maachen –, da mussen mer et awer op eng Manéier maachen, déi eis ekonomesch Leeschtungsfaegkeet rett.

Dat Drëtt, wat mer soen, dat ass, dass mer mussen kucken: Wéi effizient sinn déi Saachen alleguer? Souguer wa mer all déi Klimaziler, wéi se am Abléck festgeluecht sinn, géifen erfëlle bis 2050 – souguer wa mer se géifen erfëllen! –, gëtt et eminent Spezialiste fir Statistik, ech zitieren hei de Bjørn Lomborg, dee seet, dass den Effekt vun allen europäesche Moossname bis an d'Joer 2100 weltwäit grad dee wär, dass déi 1,5 Grad géife sechs Woche méi spët erreicht gi wéi soss. Dat muss ee sech virstellen, wat deen Effekt wär a wéi eng Käschtchen do dohannert stinn. Also mir mussen wierklech oppassen an ëmmer méi seriö iwwert déi ganz Energietransitioounen nodenken.

Dat anert natierlech, deen zweete grouse Facteur niewent där ekologescher Energietransitiooun mat all hire Risiken an hire Legenden, dat ass déi Situatioun ronderëm d'Ukrain. Hei ass direkt nom russeschen Amarsch, dem 24. Februar, hei an an allen anere westleche Länner déi Doktrinn adoptéiert ginn, dass mer missten en ekonomesche Krich féieren an dass direkt Sanktiounen géint Russland missten ageféiert ginn. Mir hunn do sechs Päck an der Europäescher Uniooun decidéiert, inklusiv Kuel- a Pétrolembargo. Mee wat hëlleft dat der Ukrain? Wat huet et bis elo gehollef? Strictelement näischt!

Et ass jo net esou, wéi wann, well mir e Pétrols- oder en Uelegembargo hei hätten, elo déi russesche Arméi sech do fluchtaarteg aus der Ukrain zrëckgezunn hätt. Dat ass absolut net de Fall. Den Effekt ass null! En ass awer net null op eis Ekonomie. En ass net null op d'Leit hei am Land. A mir kréien am Hierscht eng ganz schwéier Diskussioun – d'ADR huet och schonn

eng Interpellatioun ugefrot – fir ze kucken, wéi mer hei am Wanter da kënnen agéieren. Well déi Géigen-effekter vun de Sanktiounen, de Réckschlag vun eise Sanktiounen a vun de russesche Géigesanktiounen, déi sinn natierlech enorm.

An dofir musse mer och kucken, wat mer do maachen, fir eng Politik ze féieren, déi iergend e politesche Sënn ergëtt. Dat muss een da kucken, wat e kann erginn, awer datt et net eis hei an eng Situatioun bréngt, wou mer wierklech weeder ekonomesch nach sozial wëssen, wéi mer eis dréinen. Dofir wëlle mir dat am Hierscht am Fong diskutéieren a wou eis déi Politik elo hiféiert.

Ech wëll just soen, datt déi Verknappung vum Gas zu engem groussen Deel eis eegen Decisioun ass. Zum Beispill Nord Stream 2, fir déi net opzemaachen, dat ass eng westlech Decisioun. Mir hätte genuch Gas. Wat maache mer dann elo? Mir ginn an eng ganz Rei Länner ronderëm d'Welt, dorënner eng Partie Diktaturen, fir do ze kucken, datt mer Flësseggas kënnen akafen, deen zu engem enormen ekologeschen an ekonomesche Präis heihinner importéiert gëtt, ouni eis Besoine kënnen ofzedecken.

Ech gesinn e gewëssent Ramouere bei der CSV, mee d'CSV stoung hei nach virun e puer Wochen, ...

*(Interruption)*

... stoung hei virun e puer Wochen an huet gesot, si hätte gär den direkten an totalen Embargo op Ueleg, Kuel a Gas. Wa mer dat gemaach hätten ... Deemoools war d'Regierungskolitioun net d'accord, gottseidank, ausser der ADR. Dat ass zréckgewise ginn. Mee d'CSV huet den direkten an totalen Embargo gefuerdert. Wou wäre mer haut drun, wann d'CSV-Politik do duerchgesat gi wär?

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech hunn elo just gestaunt iwwer Är Ausso fir ze soen, ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | D'CSV huet domadder, Här Wiseler, d'CSV huet domadder gewisen, datt se a schwieerege Situatiounen net regierungsfäeg ass. Dat ass dat, wat Dir gewisen hutt!

*(Brouhaha)*

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dir hutt besser Relatiounen mat Russland, dat ass ganz kloer!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, erlaabt Der, datt den Här Wiseler Iech eng Fro stellt?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | O jo. Jo, jo, ganz gär. Ganz gär.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Also, ech wollt mech just ...

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Wiseler huet d'Wuert.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech wonnere mech just iwwert déi Ausso, déi doranner besteet ze soen, mir hätte genuch Gas, wa mer Nord Stream 2 opgemaach hätten. Ech stelle just fest, datt an de leschten Deeg de Gas lues a lues zougedréit gëtt vu Moskau a vum Här Putin. Dat heescht, déi Ausso do ass erëm – wéi üblech, wéi all Är Aussoen, déi Der hei maacht – eng total Verdréiung, fir d'Stëmm vu Moskau hei erschéngen ze loossen. Dat ass dat Eenzezt, wat Dir maacht!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Also, wësst Der, Här Wiseler, Dir waart esou léif, mir eng Fro ze stellen. Dofir ginn ech Iech selbstverständlech eng Äntwert.

*(Brouhaha)*

Déi éischt Äntwert, déi ech Iech ginn, déi éischt Äntwert ass, datt Der wannechgelift, wann Der wëllt,

seriö iwwert d'Situatioun diskutéiert! An ech mengen, datt déi Diskussioun seriö soll geféiert ginn, well et sinn d'Leit, déi herno Problemer hunn. Dann haalt wannechgelift op mat Schwaarzweißmolerei. Ech si weeder d'Stëmm vu Moskau nach soss eppes. Ech sinn d'Stëmm vun de Lëtzebuerger, déi herno wëllen hëtzen am Wanter. Dat sinn ech.

An ech kucken, wat déi europäesch Politik bréngt, an ech kucken, wat déi Lëtzebuerger Politik bréngt. An da soen ech: Ma do ass e Problem! Well d'Iddi war jo, der Ukrain ze hëllefen. Mee wa mir Sanktiounen huelen, déi der Ukrain net hëllefen an eis an immens Schwierigkeete bréngen, wou ass dann déi politesch Plus-value vun Är Politik?

Da sot Der: „Russland dréit de Krunn zou.“ Ech sëtzen net zu Moskau. Ech kennen hir Politik net. Ech kennen awer eis Politik hei. An ech weess, datt eis Politik derzou geféiert huet, datt déi Entreprises, oder Länner, déi nach hätte kënne Gas kréien, mee dofir hätte missen a Rubel bezuelen, dat refuséiert hunn. Dat ass hiert Recht. Mee dann ass natierlech och eng Konsequenz domat verbonnen.

Ech stelle fest, datt verschidden ...

*(Interruption par M. Claude Wiseler)*

Ech stelle fest, Här Wiseler ...

*(Brouhaha)*

Ech sinn amgaangen, Iech ze äntwerten. Ech stelle fest, Här Wiseler, datt anscheinend Problemer mat Turbinnen do sinn. Ech kann net beurteilen, ob dat wouer ass oder net. Mee et ass op jidde Fall dat, wat eis gesot gëtt, datt weinst Turbinneproblemer déi verschidde Liwwerungen net kéinte gemaach gi weinst de Sanktiounen. Ech weess net, ob et stëmmt oder net. Ech stellen dat fest.

Dat Drëtt ...

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Dat ass och en plus nach béis naiv!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech weess net, ob et naiv ass. Ech mengen net, datt dat esou naiv ass. Mee, wéi gesot, et ass egal. Virun allem muss ech Iech soen, wann elo Leit hignen eeben zum Fracking an esou weider an elo amerikanesche Gas kafen, massiv, zu engem enormen ekologeschen an ekonomesche Präis, deen eis Besoinen emol net ofdeckt, da froen ech mech: Wou ass d'Plus-value fir eis Ekologie? Wou sinn dann déi Klimaziler alleguer? Wat huet dat da fir en Effekt op déi Klimaziler 2030 an esou weider, wa mer elo Fracking maachen an LNG, Liquid Natural Gas, eriwwerbréngen? Doriwwer gëtt mol net geschwat.

*(Interruption par la présidence)*

Et ass eng falsch Politik, Här Wiseler. An et ass eng falsch Politik, déi, wann Dir um Rudder wiert, nach méi schlëmm wier.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Ech stelle fest, datt Dir der Meenung sidd, datt Europa soll weider dependant vum russesche Gas bleiwen. Dat ass dat, wat Der elo gesot hutt.

**Une voix** | Jo.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech soen Iech dat hei, ech soen Iech dat hei, Här Wiseler: Europa ass e Kontinent praktesch ouni eegen Energie, ...

*(Brouhaha)*

... praktesch ouni Energie. Dann hu mer e puer Méiglechkeeten.

*(Interruption par M. Claude Wiseler)*

Entweeder mir gi se do kafen, wou mer se kréien. Mee wann Dir léiwer a Saudiarabien an am Katar kaaft wéi zu Moskau, ...

**Une voix** | Net zu Moskau.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... da froen ech mech: Wou ass déi moralesch Dimensioun vun Är Politik?

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dat ass dach dat, wat déi Gréng an der Belsch an déi Gréng an Däitschland maachen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Wann Der gläichzäitig ...

**Mme Octavie Modert** (CSV) | An dat huet hei kee gesot vun eis a vun eiser Säit!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Wie schwätzt dann eigentlech elo? Wien huet dann d'Wuert?

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Ma Är Riedezäit ass scho laang ofgelaft!

**Une voix** | Keen huet d'Wuert.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech hat am Fong gesot, datt Är Zäit eriwwer ass, an déi ass och eriwwer. An den Här Wiseler huet Iech keng Fro gestallt, Dir braucht him och elo net ze äntwerten.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo. Et war Fait personnel.

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech ginn elo deem nächsten ageschriwwene Riedner d'Wuert, an dat ass déi honorabel Madamm Myriam Cechetti.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cechetti** (déi Lénk) | Merci, Här Président. Här President, déi allermeeschte Gesetzer an der Chamber, déi Klima- an Energiepolitik betreffen, si fir eis keng einfach Gesetzer. Mir sëtzen oft tëscht de Still, well mir all Effort fir méi Klimaschutz an energeetesche Transitioun ënnerstëtzen, dobäi awer och ëmmer oppassen, dass d'sozial Gerechtegkeet net verluer geet, dass net op Däiwele komm eraus privatiséiert gëtt an dass och tatsächlech d'Verschmutzer/ inne fir hir Verschmutzung bezuele mussen an dass dat net op d'Käschte vun der Allgemengheet geet.

Dëst Gesetz hei gehéiert awer net zu deene Gesetzer, wou et eis esou schwéierfält, well dëst Gesetz ass op ganzer Linn problematesch. Et féiert nämlech net nëmmen eng ëffentlech Aide iwwer zéng Joer an – am Kader vun der Tripartite gëtt eis dësse Projet de loi eigentlech ënnergejubelt, wat eng Schan ass, ouni wierklech eescht ze huelend Géigeleschtung! –, déi besonnesch fir grouss multinational Entreprisé geduecht ass, déi an de leschte Jore massiv Gewënner gescheffelt hunn a sech elo nach op bis zu 500 Milliounen Euro aus dem Staatsbudget freeë kënnen. Et ass net nëmmen eng knallhaart Ausnotzung vun enger Urgence bei den Energiepräisser, fir iwwert dat nächst Joerzénge fossill Energien indirekt subventionéiert ze kréien, et ass net nëmmen en Deni vun der Urgence beim Klimaschutz. Nee, et ass och nach den europäeschen Emissiounshandel ad absurdum gefouert! En Emissiounshandel, dee vun de Majoritéitsparteien heibannen awer als eng vun den droende Saile vun der Klimaschutzpolitik op europäeschem Niveau ugesi gëtt.

Mir als déi Lénk hunn den Emissiounshandel ëmmer kritiséiert. Iwwer Jore waren d'Präisser fir eng Tonn CO<sub>2</sub> esou déif, datt kee Betrib iergendeen Ureiz hat, fir a méi klimafrëndlech Prozesser ze investéieren. Ab 2012 huet d'EU-Kommissioun dunn op verschidden Aart a Weisen op den Handel agewierkt, mat der



Konsequenz, dass de Präis vun de Verschmutzungs-rechter eropgoung. Parallel dozou goufen awer du schonn Aiden ermöglicht, fir de Betriber ze hëllefen. Eigentlech huet dat eent dat anert annulléiert.

An eis Regierung huet dëst och schonn ab 2017 genotzt. Dëst huet gewisen, dass d'Kompetitivitéit vu grouse Betriber iwwert dem Klimaschutz steet, dass politesch an de Maart agegraff gëtt am Interessi vu grouse Multinationallen an hiren Aktionären. Ënnert dem Virwand vum sougenannte „carbon leakage“ gouf ugefaangen, grouse Multinationallen den CO<sub>2</sub>-Ausstouss ze subventionéieren, an dat, obwuel déi meesch Etüden iwwer „carbon leakage“, déi bis haut gemaach goufen, soen, dass dee Phänomeen total iwwerdriwwer wier, jo deelweis guer net géif existéieren.

Deen esou vill vu liberaler a Wirtschaftssäit geluefte Lenkungsmechanismus vum Emissionshandel gëtt ëmmer dann ageschränkt, wa Wirtschaftsinteressen am Spill sinn. Den Effekt vum Emissionshandel verpufft domat. Dëst Gesetz mécht elo genee dat.

Dat ass eigentlech eng Katastroph, déi net nëmmen immens héich Ausgabe virgesäit, mee och nach iwwer zéng Joer lafe soll – firwat eigentlech? – an als Haapt-message domadder verbreet: ArcelorMittal a Co, Dir musst net dréngend a méi propper Produktioun investéieren, well mir hëllefen Iech esou oder esou!

Eng wichteg a rezent Entwécklung fält dobäi och hei ënnert den Dësch: Déi rezent zolidd Deierecht bei de Pollutiounsrechter kënn net opgrond vu politeschen Entscheedungen zustanen, mee opgrond vu Spekulationen. Fir dat ze wëssen, brauch een net wäit sichen ze goen, et steet zum Beispill an der „Financial Times“. Well am Fong misst de Präis pro Tonn CO<sub>2</sub> jo grad elo éischter falen, wou d'fossil Energie esou deier ass. Mee de Géigendeel ass de Fall, well Hedgefonds spekulativ Pollutiounsrechter vum Maart kafen an domadder de Präis kënschtlech héichhalen an der Hoffnung, dass d'Präisier weiderhin eropginn. Mat dësem Gesetz finanziert de Staat also net just indirekt den Zäregasausstouss vu grouse Multinationallen, mee och nach d'Finanzspekulation.

Här President, mir hu schonn oft erkläert, dass mir duerchaus agesinn, dass kleng a mëttel Betriber Hëllef brauchen, fir déi héich Energiekäschten ze packen. Den décksten Hëllefspak fléisst awer hei elo u Betriber, déi dës Hëllef net brauchen an hiren Aktionären all Joer defteg Dividenden ausbezuelen. Et sinn hei och Betriber derbäi, déi Plazen ofbauen, deelweis hiert eegent Personal an d'Prepensioun schécken, wat jo dann och erëm vun der Allgemengheet finanziert gëtt. Dofir bemängle mir och, dass hei keng sozial Géigeleeschtunge virgesi sinn. D'CSL hieft dat och an hirem Avis ervir.

Här President, mir stëmmen géint dëst Gesetz, well et klimapolitesch eng Katastroph ass, d'Verantwortung vu Betriber ewechhëlt, déi awer eng enorm héich Verantwortung fir d'Ärderwiermung droen, ekonomesch keng Weiche stellt a virun allem awer, well et vun enger politescher Orientéierungslosegkeet zeugt, vun engem Weider-esou-Maachen, Business-as-usual, wat eis alleguer ze denke sollt ginn. Et ass scho laang fënnf op zwielef, mee dat schéngt abso-lutt kee Mënsch ze interesséieren.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. An da wier et um honorablen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Et ass e ganz interessant Gesetz, well et een op där enger Säit derzou bréngt ze iwwerleeën, wéi een

an der Klimakris virgeet, een op där anerer Säit awer ganz kloer muss kucken, dass mer nach Leit hunn, déi hiert Geld hei an der Industrie zu Lëtzebuerg ver-déngen.

Mir hunn dës Woch eng Kéier iwwert de Belval geschwat, mir hu gëschter iwwert de Mindestloun geschwat, an dat fléisst fir eis alles mat an dës Iwwer-leeungen, fir, Stand elo, de Firmen ze hëllefen.

Et kann ee sécherlech iwwert d'Datumer diskutéieren, et kann een och driwwer diskutéieren, dass een hätt misse méi erneierbar Energien drasetzen. Dat hätt een an eisen Aen alles misse maachen, well d'Indus-trie muss erauskommen aus dem Pétrol.

Et muss ee souguer iwwerleeën – ech hunn dat jo schonn e puermol hei kritiséiert, ech hat do éischter mam Här Turmes schonn Diskussiounen –, dass och den Atom nach immens héich ass an den Industriele-tungen, wat de Stroum ubelaangt. Mir stinn nach ëmmer dozou, aus deem Atombündnis erauszeklammen. An dat sinn alles Punkten, déi een elo muss ugoen.

Et muss een op där anerer Säit awer och soen, dass mer de Betriber mussen e kloren Ureiz ginn, fir dass se an déi erneierbar Energien investéieren.

An ech sinn och der Meinung, dass Europa fäeg ass, dass mer kënnen autark liewen. Mir hunn am Norden d'Waasser an de Wand. Mir hunn am Süden d'Sonn. Et dierf een dat net op Lëtzebuerg begrenzen. Ech weess och, dass Lëtzebuerg seng Energie net eleng ka maachen. Wa mer awer en intelligente Stroumreseau hikiréien an deem ganzen Europa mat deene villfäl-tegste Regiounen, wou iwwerall Energie kann erstallt ginn, da kréie mer et hin, dass Europa energieneutral gëtt. An et ass dat, wou mer mussen hikommen. An et ass dat, woubäi mer de Betriber elo mussen hëllefen.

Ech hätt mir gewënscht, dësen Text wär nach e bësse méi restriktiv a se misste méi schnell maachen. Bon, et kritt een net ëmmer alles, wat ee sech wënscht. Et ass awer op d'mannst emol e bësse méi, wéi et am Moment ass, well am Moment mussen se näischt maachen.

Wa mer deen Text haut stëmmen, da mussen se op d'mannst op de Wee goen, fir eppes ze maachen. An dat ass jo zumindest scho mol e grouse Virdeel. Et kann net sinn ... an do widdersprieche ech der ADR, well et ass ganz kloer: Wa mir weiderhi Russland finanziéieren mat hirem Pétrol, da finanziéieren mer och hir Gewierer, hir Panzeren an alles, an da kënnen se d'Ukrain ugräifen!

Dir hutt virdrun hei gefrot, wat et bréngt, wa mir déi Embargoe maachen. Ma et bréngt ganz einfach, dass si herno keng Kugel méi hunn, fir Ukrainer ëmze-bréngen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Goergen. An da freet den Här Yves Cruchten d'Wuert a kritt et och.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Jo, merci, Här President. Ech wollt awer op dräi Saache reagéieren, déi hei gesot goufen. Hei gouf esou gemaach, wéi wann d'Sanktiounen géint Russland net géife wierken. Ech mengen, dass dat net wouer ass. Ech mengen, dass déi ganz gutt wierken. Dat gesäit ee schonn un der Reaktioun vu Moskau. A wat méi Zäit vergeet, wat déi Reaktiounen méi hefteg ginn. Do gesäit ee ganz gutt, dass déi Sanktiounen Moskau genau do treffen, wou se sollen treffen.

An ech muss Iech soen: Och onofhängeg dovunner, wéi gutt oder wéi schlecht se géife wierken, ech kéint dach net hei gemittelt an der Fotell sëtzen an noku-cken an näischt maachen, wann op anere Plazen an

Europa, op dësem Kontinent, eis Fräiheete mat vertei-degt ginn!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | An da wollt ech nach soen: Et ass och eppes Richteges gesot ginn – Europa ass en energiearme Kontinent! Ech wëll awer soen: Ma jo, d'Sonn an de Wand, déi kenne keng Nationa-litéit, an duerfir ass et jo wichteg, dass mer vill méi séier virukommen am Ausbau vun den erneierbaren Energien!

An dann eng lescht Saach, déi ech awer, mengen ech, hei net kann einfach esou am Raum stoe loosse: Hei gëtt vu Klimalegende geschwat. Ech mengen, de Waassermangel an Italien den Ament, d'Drèchent a Spuenien, d'Canicullen, dat si keng Klimalegenden! Dat si keng Legenden, mee do ass de Klimawandel haut scho batter Realitéit fir déi Leit. An duerfir sollte mer dat net einfach esou pauschal ewechwëssen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Cruchten. An dann huet d'Madamm Lorsché nach d'Wuert ge-frot.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng)** | Merci, Här Presi-dent. Ech wëlt op eng Ausso vum Här Kartheiser reagéieren, deen et jo bekanntlech mat de Fakten net ëmmer esou eescht hëlt. Den Här Kartheiser huet gesot, dass déi erneierbar Energie zu Lëtzebuerg am eestellige Prozentberäich wier. Dat ass carrement falsch. Fakt ass, dass 64,3 % vum Stroum zu Lëtze-buerg aus erneierbaren Energië bestinn, dass 15,6 % vun deem Stroummix zu Lëtzebuerg produziéiert ginn an dass d'Verduebelung vun 2013 bis 2019 op deem Niveau mëttlerweil bewisen ass.

Et ass also net richtig, wat hei behaupt ginn ass. A mir sinn och der Meinung, dass deen Drock, deen haut op eis laascht, deen Drock, deen ausgeübt gëtt, dass mer méi séier mussen weiderkommen, dass mer net wäit genuch sinn, doduerch ze erklären ass, dass et Parteien hei am Land gëtt, déi net un deem Strang zéien. An eis Ofhängegkeet vu Russland ass notament doduerch bedéngt, dass dee Prozess do permanent blockéiert gëtt. An dat mierkt een ëmmer erëm. An dat fanne mer äusserst bedauerlech.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Lorsché. Da freet den Här Kartheiser d'Wuert. Ech wëll awer drop opmierksam maachen, dass Der schonn duebel esou vill geschwat hutt, wéi Ären Temps de parole ass, dass Der just dierft dorop reagéieren, wou Der zitéiert gi sidd, fir Fait personnel.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, merci, Här Presi-dent. Ech mengen, et ass nach ëmmer Usus am Parla-ment, wann een ernimmt gëtt, dass ee sech ka verdeedegen. Ech fannen dat och richtig esou. Ech soen Iech och Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech hunn dat och esou betount, Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Voilà. Da si mer eis komplett eens, Här President. Ech sinn Iech och dank-bar fir dee Reflex, dee gutt demokratesch ass.

Also, et ass mer hei virgeworf ginn, dat wär net rich-teg. Et ass einfach en Ënnerscheid tëschent engem Primärenergiebedarf vun enger Gesellschaft a Stroum. Dat sinn zwou verschidde Saachen. Mir si gär bereet als ADR, e Seminär fir eis gréng Kolleegen iwwer Energiefroen ze organiséieren. Et ass ni ze spët, fir dat ze maachen. Mir maachen et gär. Ech invitéie-ren Iech heimat op e wëssenschaftleche Seminär

iwwer Energiefroen. Mir maachen deen extra fir Iech. Et geet duer, eis unzerrufen an ze soen, datt Der en huet. Mir organiséieren dat.

*(Brouhaha)*

Dat Zweet ass, dat Zweet ass: Dat mat der ...

*(Brouhaha)*

Et geet guer net drëm, an der Fotell ze setzen an nozekucken, wat an der Ukrain geschitt. Mir hunn direkt vun Ufank u gesot, datt mir gär e Waffestellstand hätten, datt mir dee wëlten negociéieren, datt mer eng Friddensléisung fir d'Ukrain géife sichen, aus dräi Grënn, hu mer gesot.

Dat Éischt ass, fir Mënscheliwien ze schounen. Mir hunn datt déi éischte Kéier hei gesot de 17. Mee, zënterhier sinn Dausende vu Leit gestuerwen an der Ukrain.

Dat Zweet ass, fir den Territoire esou wäit wéi méiglech ze preservéieren. Ech brauch Iech net ze soen, wéi d'Entwécklung an der Tëschenzäit ass, Dir wësst et esou gutt wéi mir.

An dat Drëtt ass, fir Escaladen also auszeschleissen, militärescher an anerer. Mir hunn am Abléck eng am Energieberäich. Hätte mir eis Politik geholl vun Ufank un, fir eng Verhandlungsléisung ze sichen an d'Leit ronderëm en Dësch ze setzen, am plaz nozekucken, wéi Leit do all Dag musse stierwe mat enger falscher Politik, déi dës Regierung bedreift an déi vun deene meeschte Parteien hei ënnerstëtzt gëtt, dann hätte mer Mënscheliwien geschount, mir wäeren an enger anerer Situatioun a mir bräichten net ze fäerten, datt d'Leit hei am Wanter net méi kënnen hëtzen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix | Très bien!**

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Kartheiser.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzminister Yuriko Backes, nee, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie |** Merci, Här President. Léif Deputéiert, merci fir dee ganz liewegen Debat hei. Fir d'éischt emol e Merci un de Guy Arendt fir säin exzellenten a ganz komplette Rapport, dee mir et dann och erlaabt, mech relativ kuerz ze faassen.

Et ass puermol gesot ginn: Dat Gesetz hei ass effektiv e ganz wichtegt Instrument fir eis Lëtzebuerger Industrie, mee et ass och e ganz wichtegt Instrument fir d'Energietransitioun. Et geet nachlecht hei an éischter Linn drëms, industriell Acteuren, déi Méikäschten u Stroum – u Stroum, net u Gas – duerch den ETS-System (ndlr: Emissions Trading System) hunn, an der EU ze behale fir ze verhënneren, dass se sech a Länner néierloossen, wou den CO<sub>2</sub>-Ausstouss kee Präis huet, dee sougenannte Risk vu „carbon leakage“. Wa mer dat géife kréien, wär weeder eiser Émwelt nach dem Klima gehollef, awer och net eisem Mouvement zu där Transitioun hin, wou mer och d'Industrie gäre mathuelen.

Dat hei ass e Regimm, dee virun allem déi Secteure viséiert, déi enger staarker internationaler Konkurrenz ausgesetzt sinn an déi hire Produit méi einfach aus dem Ausland kéinten an d'EU importéieren. Mir schwätzen hei vu Secteuren, déi mer och zu Lëtzebuerg hunn, wéi Aluminium- a Stolindustrie. Well wa mer wëllen, wéi gesot, och déi ekologesche Transitioun an der Industrie hikréien, fäerdegbréngen, da musse mer fir d'éischt Suerg droen, dass déi Betriber och hei bei eis am Land an och bei eis hei an Europa bleiwen. Dofir ass dee Regimm hei extreem wichteg.

Et ass och drop higewise ginn, dass fir d'éischte Kéier hei och elo Nohaltegkeetsengagementer derbäi sinn, wat gutt ass. Och de System vun den Avancen ass wichteg an enger Zäit, wou déi Präisser ëmmer méi an d'Luucht ginn a wou och d'Liquiditéitsbesoin bei de Betriber also ëmmer méi wichteg ginn.

Ech géif och gär zu deene Kriticken, dass keng sozial Engagementer oder keng sozial Conditionnalitéiten hei dra sinn, an iwwerhaupt zu där Kritik, dass hei erëm eng Kéier Multinationale gehollef gëtt, soen, dass dat am Fong alles e bësse kuerz gräift. Mir hu virun net allze laanger Zäit, wann Der opgepasst hutt, och eng Stol-Tripartite gemaach mat ArcelorMittal, wou et, entre autres, och drëm geet, fir justement déi néideg Investissementer an eng méi nohalteg Stolproduktioun ze assuréieren.

Mir sinn als Standuert, als Land, u sech wierklech ideal situéiert, fir kënne grénge Stol ze produzéieren. Dat ass och erkannt gi vun ArcelorMittal a si hunn och am Kader vun där Stol-Tripartite do zougesot, fir déi néideg Investissementer ze maachen. Dat heescht, wann een elo heihinner kënnt an da seet, dat wieren alles erëm eng Kéier déi béis Multinationallen, déi grouss Entreprises, déi mer hei géife privilegéieren, gräift dat alles e bëssen ze vill kuerz. A jo, et ass nun emol esou, dass et an der Reegel net déi kleng PMEe sinn, déi Stol produzéieren oder Aluminium. Dat si Schwéierindustrien, déi natierlech och e gewëssenen Invest mat sech bréngen, soudass dat, mengen ech, noutgedrongen och esou ass.

Et ass och esou, dass am Fong am Calcul vun där Hëllef e sougenannte „référéntiel efficacité“ dran ass, soudass e Betrib u sech en Interessi huet, fir esou effikass wéi méiglech ze sinn an och, fir energeetesche esou effikass wéi méiglech ze schaffen. Dat ass wierklech dee Mechanismus, wéi mer d'Betriber wëlle mat an déi Transitioun do eranhuelen.

Dir musst wëssen, dass esou Dekarbonisatiounsprojeten net vun haut op muer geschéien. Dat si Projeten, déi iwwer laang Jore musse finanzéiert ginn an iwwer laang Joren en place gesat ginn, wou oft haut nach net d'Technologie disponibel ass, fir dat ze maachen, soudass mer e Regimm brauchen iwwer zéng Joer, fir deen Differentiel ze kompenséieren, en attendant, dass d'Industrie prett ass, fir déi néideg nei Technologien en place ze setzen, fir da wierklech och klimaneutral kënnen ze produzéieren.

Ech kann Iech just soen, dass mer am Wirtschaftsministère ganz vill Dekarboniséierungsprojeten erakréie vun Entreprises, déi dowéinst Aidë froen, fir méi effikass ze schaffen. Dat hu mer während der Covid-19-Pandemie gesinn, dat gesi mer och elo nach, soudass dat hei wierklech eng Mesure d'accompagnement ass, déi doranner ganz wichteg ass.

Als leschte Punkt géif ech och gäre betounen, dass dee System hei net aleng an isoléiert dierf gekuckt ginn, mee och par rapport zum sougenannte „carbon border adjustment mechanism“, deen och um euro-päeschen Niveau wäert en place gesat ginn.

De CBAM ass en Instrument, wat och als Haaptuleies huet, fir Fuites de carbone ze evitéieren an domadder den Industriebetriber hir Kompetitivitéit – deenen Industriebetriber, déi hei an Europa no deenen héchsten internationale Standarden an no deenen héchsten Oplagen, wat d'Emissiounen ugeet, produzéieren – ze garantéieren, fir dass déi kompetitiv bleiwe par rapport zum Ausland. Dat ass de CBAM. An de CBAM ass de Pendant zu deem Mechanismus. Et ass e Mechanismus, deen aktuell Stol, Eisen, Aluminium, Zement, Dünger an de Stroumsektor ofdeckt. Wéi gesot, hei besteet en direkte Lien zum ETS, well fir déi genannte Secteure ginn déi verfügbar gratis Allocatiounen

iwwer zéng Joer vun 2026 u progressiv erof, während de CBAM parallel agefouert gëtt an och eropgefuer gëtt.

Et geet beim CBAM drëms, CO<sub>2</sub>-intensiv Importproduiten vun ausserhalb der EU ze taxéieren, fir, wéi gesot, en Equilibre tëschent der klimafrëndlecher Produktioun an der EU an ausserhalb ze garantéieren.

Gläichzäiteg kann een, fir och OMC-konform (ndlr: Organisation mondiale du commerce) ze sinn, de Betriber keng duebel Ennerstëtzung erlaben, firwat eeben déi gratis Allocatiounen dann och erfoginn.

Dat gesot, géif ech Iech awer trotzdem gäre soen, dass ech mech iwwert déi breet Zoustëmmung zu deem Gesetz freeën. Et ass, wéi gesot, e wichtegt Gesetz, fir eis Industrie ze begleeden op deem Wee vun der Energietransitioun an um Wee fir eng méi klimafrëndlech Produktioun. Dofir e grouse Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. Parole après ministre fir den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten) |** Merci, Här President. Et ass éischter eng Fro. Mir gi jo elo déi Hëllef. An déi Hëllef, déi wäert jo och ArcelorMittal fir hir Energie kréien. Elo war awer gëschter an der Press ze liesen, an ech beruffe mech do op Presseartikelen, dass déi erëm a Russland géife liwweren.

A sech maache mer déi ganz Aktioun jo, fir dass mer Russland net méi ënnerstëtzen a fir dass déi Energie eeben hei aus Europa kënnt, fir Russland eigentlech ze schueden. Hutt Dir vläicht schonn eng Positioun, Informatiounen, ob dann elo ArcelorMittal dohi liwwert? Well wa mir hinnen elo haut hei Hëllef stëmmen an dat Geld kënnt herno indirekt och Russland zegutt, dann hu mer näischt geschafft.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Goergen. An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Wirtschaftsminister.

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie |** Jo, also ech hu keng Informatiounen iwwer ArcelorMittal hir Intentionen, fir Stol a Russland ze liwweren. Bon, dofir kann ech mech dozou elo, à ce stade, net äusseren.

Ech mengen, et ass wichteg, dass d'Betriber, déi hei bei eis schaffen, sech och alleguete konform zu den EU-Sanktiounen verhalten. Ech ginn dervunner aus, dass dat och bei ArcelorMittal de Fall ass. Mee, wéi gesot, déi do Informatiounen hunn ech net an ech sinn och net am Secret des dieux vun ArcelorMittal hiren Intentionen.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Wirtschaftsminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7998. Den Text steet am Document parlementaire 7998<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7998 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu dem Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 53 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen a 4 Abstentionen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies) et Michel Wolter ;*



MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydia Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 3.7872 – Projet de loi portant modification de :

**1<sup>o</sup> la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de**

**– la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;**

**– la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;**

**– la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;**

**– la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;**

**– la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale ;**

**2<sup>o</sup> la loi modifiée du 27 décembre 1817 sur la perception du droit de succession ;**

**3<sup>o</sup> la loi modifiée du 7 août 1920 portant majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession, etc.**

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7872 iwwert d'Verbesserung vum Informationsaustausch tëscht den Administratiounen am Kader vun der Versteigerung. An ech géif direkt d'Wuert un de Rapporteur vum deem Projet de loi ginn, den honorabelen Här André Bauler. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Ech maachen d'Pult nach erop. Voilà. Merci, Här President. Schwaarzaarbecht, an hirer schrooster Form, och als Mënschenhandel a modern Sklaverei bekannt, existéiert och bei eis. Dat ass inakzeptabel! Et kann

net sinn, dass et Persounen gëtt, déi hir Rechter op Sécherheet a Gesondheet verwiert kréien, fir dass gewësse Persounen, aner Persounen, Sue verdéngen oder spueren.

Jo, et gëtt och hei zu Lëtzebuerg Leit, déi weeder krankverséichert sinn nach eng Ofsécherung am Alter, also eng Pensioon, hunn, an nawell gi si all Dag ënnert deels schwierige Konditiounen schaffen. Dobäi huet de Staat d'Responsabilitéit, fir géint esou Situatiounen virzegoen. Deelweis huet de Staat och d'Moyenen, fir eppes ze ënnerhuelen, awer just deelweis, dat, well déi verschidde Verwaltungen, Agencen a Servicer net ëmmer genuch zesummeschaffen. Wann de Centre commun vun der Sozialversécherung, d'ADEM, d'CSSF an den Enregistrement awer méi enk zesummeschaffen, da kënnen esou Mëssstänn méi dacks opgeléiert ginn.

De Wëllen ass och do, fir dat ze maachen. An deem Sënn gouf de 17. August zejoert e Gesetzesprojet iwwert déi interadministrativ Kooperatioun deposéiert. Fir Informatiounen auszutauschen, muss ee jo bekanntlech eng gesetzlech Basis hunn. Des Weidere muss et eng Balance tëscht dem initialen Zil souwéi dem Dateschutz ginn. Déi muss ee fannen.

Ech hu mer elo erlaabt, direkt déi kriddelegst Thematik unzeschwätzen. De Gesetzesprojet huet awer iwwert d'Schwaarzaarbecht eraus e vill méi breeden Usproch, fir géint Bedruch, notament Steierbedruch a Steierhannerzéiung, virzegoen.

Et ass also e wichtege Projet, well d'Ëmverdeelung, och iwwert de Wee vun der Besteuerung, e grondleeënde Piller vum moderne Sozialstaat ass. D'Chamber hat schonn 2008 e Gesetz zu dëser Problematik gestëmmt. Heimadder soll dann den Uwendungsberäich vum deem éischte Gesetz erweidert ginn.

Ech kann elo, dat verstitt Der, net op all eenzel Dispositioun aus deem Gesetzesprojet agoen. Mee ech probéieren hei, déi grondleeënd Informationsfluxen ze beschreiwen.

De Centre commun vun der Sozialversécherung deelt der AED, also op Lëtzebuergesch salopp geschwat dem Enregistrement, der Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA – wat dacks vergiess gëtt – mat, wéi vill Salarié pro Betrib schaffen a wéi grouss d'Masse salariale ass.

Bei den Independanten, de selbststänneg schaffende Leit, ginn d'Kontaktdonnéen dann iwwermëttelt. Well just d'Zuel u Leit kommunizéiert gëtt, ass dat eng zimmlech wierksam, effikass Aart a Weis, fir an enger éischerter Etag eng Kontroll ze maachen, ouni dann den Enregistrement direkt all d'Informatiounen kritt. Hei soll also verständlecherweis e Gläichgewicht tëscht Effikassitéit an Dateschutz ugestriift ginn.

D'Beamte vum Transportministère iwwermëttelen d'Donnéen iwwert d'Immatrikulatioun an den Enregistrement, fir datt si d'TVA, déi pro Gefier bezuelt gëtt, iwwerpräiwe kënnen. D'AED kritt och en direkten Accès op de Regëster vum de Betriber.

D'ADEM an d'AED, also den Enregistrement, tausche géigesäitig Informatiounen iwwert d'Schwaarzaarbecht vu REVIS-bezéiende Persounen aus, souwéi awer och iwwert de Bedruch op der TVA.

D'CSSF gëtt, op Ufro, Informatiounen an Dokumenter un den Enregistrement, fir d'Bezuele vum der TVA an der Taxe d'abonnement – Gesondheet, Här President – ze iwwerpräiwen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools.

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Wann d'CSSF Dokumenter vum enger auslännescher Autoritéit krut, da muss dës och am Virus mam Echange d'accord sinn.

Vu datt d'CSSF an den Enregistrement dem Steiergeheimnis ënnerleien, also deem verflucht sinn, bleiwen d'Donnéen natierlech zu all Moment geschützt. Den Enregistrement dierf bei anere Verwaltungen Informatiounen ufroen, wann et ëm Domäne geet.

D'Auteure vum Projet erënnere drun, datt dës Reegele konform zum Reglement iwwert den Dateschutz, dem Dateschutzreglement, sinn. Aus engem Avis vum 30. Mäerz 2018 geet ervir, datt d'Donnéen am ëffentlechen Dëngscht behandelt dierfe ginn, wann dat néideg ass, fir enger reng gesetzlecher Aufgab nozekommen.

Mat deem Gesetzesprojet ginn dann nach zwou weider Ännerunge proposéiert:

Éischtens gëtt den Delai betreffend d'Recouvrements-rechter vum Staat bei der Ierfschaftssteuer no uewen ugepasst. Den Delai soll op zwéi Joer erhéicht ginn, well ee Joer bei gewëssene méi komplexe Successiounen, also Ierfschaften, net duergeet.

Zweetens gëtt den Artikel 17 am geännerte Gesetz vum 7. August 1920 iwwert d'Erhéijung vum den Enregistrements-, Timber- an Ierfschaftsfrais an esou weider gestrach, fir enger Opfuerderung vum der Europäescher Kommissioun nozekommen.

Dat wieren dann d'Erklärungen iwwert den Inhalt vum deem Gesetzesprojet.

Elo nach ganz kuerz zu den Avisen. Mir kruten Aise vum Staatsrot, der Handelskummer, der Chambre des Salariés, der Staatsbeamtekummer an der Dateschutzkommissioun.

De Staatsrot huet a sengem initialen Avis vum Februar eng formell Oppositioun ausgeschwat. De Staatsrot huet sech dru gestéiert, datt de genauen Zweck, deen den Austausch vum Donnéen tëschent der ADEM an dem Enregistrement begrënn, feelt. D'Kommissioun ass dëser Opfuerderung vum Conseil d'État nokomm.

Doriwwer eraus huet de Staatsrot e puer kleng Ännerungen a Präzisiounen gefrot fir sécherzegoen, datt d'Zil vum deem Gesetzesprojet och erreecht gëtt.

D'Chambre de Commerce huet hirersäits an hirem Avis vum September zejoert d'Zil vum Projet grondsätzlich begrëisst. Si freet sech iwwert de Projet, deen awer hirer Meenung no net wäit genuch geet. Den Informations- an Datenaustausch muss net just, hirer Meenung no, am administrative Beräich verstärkt ginn, mee och tëschent der Verwaltung an dem Steierzueler.

An deem Sënn ënnersträicht och d'Chambre de Commerce d'Noutwendegkeet vum enger digitaler Plattform, déi et dem Steierzueler erméigleche géif, esou vill administrativ Verflüchtungen wéi machbar online ofzewéckelen oder ofwéckelen ze kënnen.

Des Weidere schléit d'Chambre de Commerce eng digital Léisung vir, déi et dem Steierzueler zu all Moment erlaabt, eng consolidéiert Iwwersiicht iwwer all seng Steierscholden ze kréien an déi dann och nozekucken.

D'Staatsbeamtekummer huet an hirem kuerzen Avis vum 7. Oktober zejoert de Projet begrëisst.

D'Chambre des Salariés huet an hirem Avis, och vum Oktober zejoert, dem Gesetzesprojet zougestëmmt. D'Chambre des Salariés ënnersträicht d'Wichtigkeet vum Dateschutz a besteet op engem sécheren, gesetzlech gereegelten a virun allem transparenten Ëmgang mat de perséinlechen Donnéen. D'Chambre des Salariés fuerdert ausserdem, datt d'Leit et solle gewuer ginn, am Fall wou hir perséinlech Date benotzt oder verschafft ginn. Si wëllen och, datt d'Steierstatistiken an anonymiséierter Form verëffentlecht ginn.

D'Dateschutzkommissioun huet an hirem Avis vum Mäerz 2022 begréisst, datt d'Zort vu perséinlechen Daten an den Zweck fir d'Iwwermëttlung preziséiert goufen. D'CNPD huet och op e puer spezifesch Punkten higewisen, déi méi prezis misste sinn. Doriwwer eraus recommandéiert d'CNPD, datt d'Recht op d'Informatioun garantéiert gëtt an datt festgehalen gëtt, wien, wéini a firwat Donnéeën gekuckt huet oder wéini datt se gekuckt ginn. Dat misst dann och kontrolléiert ginn.

D'Cofibu hirersäits, d'Finanz- an d'Budgetskommissioun, ass gewëssenen Opfuerderunge vun der CNPD nokomm. An hirem zweeten Avis huet d'Dateschutzkommissioun dës Ännerungen och begréisst, mee gewësse Virschléi erëm widderholl.

Fir all aner Detailer verweisen ech op déi respektiv schrëftlech Avisen.

Voilà, dat war et scho vu menger Säit. Zu gudder Lescht wëll ech ënnersträichen, datt dat heiten dach awer e wichteg Gesetzesprojekt ass, fir d'Leit ze schützen a géint Bedruch virzegoen. Dowéinst gëtt meng Fraktioun, d'DP-Fraktioun, hiren Accord.

Ech soen dann och op dëser Plaz der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes an hire Beamte souwéi awer och de Mataarbechter aus der Chamber an och aus menger Fraktioun e grouse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht am Kader vun dësem Projet. An Iech alleguer merci fir d'Nolauschteren a merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Rapporteur André Bauler.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci. Och direkt e grouse Merci un de Rapporteur André Bauler, deen de Mëtten am Dauerasaz ass, deen eis hei, wéi mer dat och vun him gewinnt sinn, erëm eng Kéier e ganz fouilléierten, detailléierten Rapport gemaach huet, eis och erkläert huet, ëm wat et geet, soudatt ech net weider brauch drop anzegoen.

En huet awer nach eng Kéier op d'Wichtigkeet higewisen, sech och géint all Zorte vu Bedruch, vu Steierhannerzéiung och um Niveau vun Administratiounen déi néideg Moyenen ze ginn, déi mer brauchen. Mir wäerten also och dësem Projet eisen Accord ginn.

Ech wollt awer och an deem Kontext zwou Remarque respektiv Froen un d'Finanzministesch stellen, déi och mat deene ganze Volete Bedruch a Steierhannerzéiung ze dinn hunn.

En éischten – an do hunn de Kolleeg Gilles Roth an ech selwer och schonn divers Question-parlementaire gestallt, wou mer awer ni richteg Äntwerte kréien –, do geet et ëm déi ganz CumEx-Operatiounen. Ech wëll Iech elo do net am Detail erklären, ëm wat et do geet. Dat ass eng Zort vu Bedruch. Déi CumEx-Operatiounen sinn an enger ganzer Rei vun europäesche Länner praktizéiert ginn, dont och hei zu Lëtzebuerg.

Wann ech elo e bësselche kucken, an Dänemark, an Däitschland, do lafen am Moment eng ganz Rei vu Prozesser, déi vun de jeeweilege Steierverwaltung geéint déi Leit do ugestrengt ginn, fir och déi Suen ze recuperéieren.

Hei war eis eng Kéier gesot ginn, och hei wäert fir mindestens zwielef Milliounen Euro esou Operatiounen getäteg ginn. Ech wär wierklech frou, wann d'Ministesch

eis eng Kéier kéint soen, wéi si, zesummen natierlech mat der Steierverwaltung, géint déi doten Zorte vu Praktike wëllt virgoen.

Et geet hei och net nëmmen ëm de Montant, mee ech fannen, et ass awer wichteg, datt mir och hei wäissen, datt esou Zorte vun Operatiounen hei keng Plaz hunn, an datt mir do mat der ganzer Häert, déi déi verschidde Gesetzgebungen eis ginn, och géint déi dote Form vun Agissementer virginn.

En zweete Punkt ass: Wann ee sech esou e bësselchen informéiert, wat esou leeft, gesäit een och ëmmer méi, datt ganz vill Bedruchstransaktiounen an haapt-sächlech och Steierhannerzéiung iwwert déi sougenannte Kryptowärung lafen. Och do stellen ech mer heiansdo d'Fro, ob eis Steierverwaltung eigentlech outilléiert an ekipéiert ass, fir do op eng effikass Manéier virzegoen.

An ech wollt eigentlech einfach emol eng Kéier der Finanzministesch d'Fro stellen, ob si eis – vläicht net haut, mee an enger nächster Sitzung – eng Kéier kéint soen, wat iwwerhaupt do vun Deklaratiounen mat esou Operatiounen a Kryptowärung bei eiser Steierverwaltung deklariéiert ginn ass. Well wann ee sech e bësselchen ëmhiert, do ginn natierlech och riseg Perté gemaach, mee et ginn awer och riseg Benefisser gemaach, och vu Residenten, déi hei zu Lëtzebuerg sinn. An et wär awer emol eng Kéier interessant ze wëssen, ob déi an där Form, wou se missten, och hei deklaréiert ginn.

Dofir wier ech frou, Madamm Minister, wann Der mer vläicht herno an Ärer Äntwert op déi zwou Froen do kéint äntwerten.

Dat gesot ginn ech nach eng Kéier den Accord hei vu menger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. Da wier et um honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur André Bauler. An ech ginn den Accord vun der LSAP.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Och ech wëll dem Här Bauler villmools Merci soen an den Accord gi vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. An da wier et um honorabelen Här Roy Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo, merci, Här President. Och vun eiser Säit merci un den André Bauler. Mir stëmmen deen Text do selbstverständlech mat. Ech wollt just een eenzegt Wuert soen zur Schwaarzaarbecht, well dat déi gréisser Introductioun war vun Här Rapporteur.

An ech denken, mir kéinten déi bekämpfen duerch eng Erliichterung vu legaler Immigratioun op Basis vun Aarbechtsautorisatiounen. Et gëtt ganz vill Beräicher, bon, d'Horesca ass een dovun – ech als eenzege Restaurateur an der Chamber weess ee Lidd dovunner ze sangen –, wou mer Aarbechtskräftemangel hunn a wou mer ganz gäre géife Leit engagéieren, mee mir kënnen net.

Wéinst där EU-Prioritéit, déi besteet, mussen mer dat dann ausschreiwen. Da kennt d'ADEM mat Kandidaten, déi net onbedéngt fäeg sinn. An an Europa ass et och net esou einfach, Leit ze fannen. Bon, mir fanne se elo an Italien an a Portugal. Mee et wier eng weesentlech Vereinfachung, wa Leit aus Drëttschte

kéinte kommen, fir esou Plazen unzehuelen, legal ze immigréieren, legal eng Aarbechtsautorisatioun ze kréien. Dat géif eis d'Liewe ganz vill erliichteren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Reding. An da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Merci och dem Rapporteur, dem Här Bauler, fir säi Rapport.

Jo, fir eis ass de Kampf géint Steierhannerzéiung a Steiervermeidung eng wichteg politesch Prioritéit. An dofir begrësse mir dëse Projet de loi a wäerten en och matstëmmen. Dëse Projet de loi ass jo och eng Äntwert op verschidde Skandalen bei der Hannerzéiung vun der TVA.

Dass d'Steierverwaltung an den Enregistrement kënnen op verschiddenen Datebanke vun aneren Administratiounen zrëckgräifen, fir d'Anhalung vu Gesetzter ze iwwerpräiwen, dat schéngt eis esou evident, dass ee sech muss d'Fro stellen, firwat dat bis ewell net méiglech war. Et ass fir eis absolut net nozevollzéien, dass verschidde Modeller vu Steierhannerzéiung net kënnen opgedeckt a verfolge ginn, just well d'Steieradministratioun keen Zougang op Informatiounen vun aneren Administratiounen huet.

An deem Sënn hoffe mir och, dass dëst just den Ufank ass. Mir mengen och, dass nach ganz aner Overture misste méiglech sinn, déi jo an dësem Beräich och absolut kompatibel si mam RGPD, wéi de Staatsrot dat jo nach eng Kéier ënnerstrach hat.

D'Digitaliséierung bitt hei och ganz vill Méiglechkeeten, déi musse genotzt ginn. Dir wësst och, dass mir fir d'Ophiewe vun Bankgeheimnis sinn. Och dat wär e wichtige Schrëtt an déi Richtung.

Ech wëll dann och op dëser Plaz nach zwou Remarken opgräifen, déi d'CSL an hirem Avis opgeworf hat. Fir d'éischt fuerdere si e besseren Accès zu anonymiséierten Donnéeën iwwert d'Steierfroen, fir besser sozioekonomesch Analyse kënnen ze maachen. Déi Lénk hunn dat op dëser Plaz och schonn e puermol gefuerdert. An ech mengen, dat géif engem demokrateschen Debat fir Steiergerechtegkeet an dësem Land sécher net schueden.

Dat anert ass, dass d'Digitaliséierung géif d'Méiglechkeet bidden, de Salariéen d'Ausfäll vum Steiererklärung ze erliichteren, well eebe vill Donnéeën schonn a verschiddenen Datebanke si beim Staat, déi schonn automatesch an der digitaler Steiererklärung vum Salaré kéinte vir ausgefüllt ginn. Mir mengen, dat ass eng ganz interessant Iddi, déi vun Finanzministère kéint opgegraff ginn.

Voilà. Wéi gesot, mir begrëssen dëse Projet de loi an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci dem Här Bauler fir dee gudden ausféierleche Rapport. Dir hutt och den Dateschutz erwänt an den zweeten Avis vun der CNPD. Et ass effektiv esou, dass se e bësse kritiséiert hunn, dass den Text op verschidde Punkten net prezis genuch ass, wat den Dateschutz ubelaangt.

Am grouse Ganzen ass et e gudden Projet, mee et misst ee vläicht nach eng Kéier nobesseren, wat den Dateschutz ubelaangt fir awer déi Prezisiounen, wann een elo gesäit, wéi et fonctionéiere wäert a wéi eng



Problemer vläicht optauchen. Vlächte hu mer och Chance an et taucht kee Problem op, mee falls Problemer optauchen, dass een dat nach eng Kéier nobessert am Sënn vum Dateschutz.

Mir stëmmen deem och zou. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

#### Prise de position du Gouvernement

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, e grouse Merci un de Rapporteur, den Här Bauler, fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport. Effektiv, mat dësem Gesetzesprojet schafe mir déi néideg Base juridique fir den Échange d'information zwëschen dem Enregistrement a verschiddenen Administratiounen.

Dat ass ganz wichteg. Mir wëllen assuréieren, dass eebé verschidde Steiere kënnen correctement agezuginn. Wichteg ass dat eeben och am Kontext vun der Lutte géint d'Fraude fiscale. D'Egalitéit vum Bierger a vun den Entreprises devant l'impôt ass dann heimatder och besser garantéiert. De Projet ass ganz kloer am Échange mat de concernéierten Acteurs an Administratiounen ausgeschafft ginn.

An, wéi och mentionéiert ginn ass, ech mengen, dat ass e ganz wichtige Volet par rapport zum GDPR. Dat heiten ass GDPR-konform. D'Legitimitéit an d'Proportionalitéit si ginn, well den Enregistrement d'Donnéeë just benotzt fir den Etablissement an d'Perceptioun vun den Taxen, déi ënnert hir legal Kompetenz falen.

Dofir soen ech Iech wierklech e grouse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht op dësem Gesetzesprojet an och fir déi ganz grouss Zoustëmmung.

Vlächte ganz kuerz, fir op eng Fro ze äntwerten, wat d'CumEx ugeet. Souwäit ech weess, gëtt et do keen neie Moment. Mee mir kënnen awer ganz gären eng aner Kéier méi am Detail dorop zrëckkommen.

Wat d'Krypto ugeet, do gëtt et keng speziell Reegele fir Kryptoassets. Hei applizéiere sech déi normal Steuerregele. D'Steierverwaltung, souwäit ech weess, huet och verschidde Fäll denoncéiert. An dann ass et elo un der Justiz, hir Aarbecht ze maachen. Voilà. Mee och do kënnen mer gären, wann de Wunsch do ass, eng Kéier drop zrëckkommen.

Nach eng Kéier e grouse Merci fir déi exzellente Zesummenaarbecht a merci fir déi grouss Zoustëmmung.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7872. Den Text steet am Document parlementaire 7872<sup>o</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7872 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7872 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegoholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Jean-Marie Halsdorf), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane*

*Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Frank Colabianchi), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Dan Biancalana), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### 4. 7933 – Projet de loi portant :

##### 1<sup>o</sup> modification de :

**a) la loi modifiée du 15 mars 2016 relative aux produits dérivés de gré à gré, aux contreparties centrales et aux référentiels centraux et modifiant différentes lois relatives aux services financiers ;**

**b) la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ;**

**c) la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière ;**

**d) la loi modifiée du 19 mai 2006 portant transposition de la directive 2004/25/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 avril 2004 concernant les offres publiques d'acquisition ;**

**e) la loi modifiée du 24 mai 2011 concernant l'exercice de certains droits des actionnaires aux assemblées générales des sociétés cotées ;**

**f) la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement ; et du**

**g) règlement grand-ducal modifié du 18 décembre 1981 concernant les dépôts fongibles de métaux précieux et modifiant l'article 1<sup>er</sup> du règlement grand-ducal du 17 février 1971 concernant la circulation de valeurs mobilières ; et**

**2<sup>o</sup> mise en œuvre du règlement (UE) 2021/23 du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 2020 relatif à un cadre pour le redressement et la résolution des contreparties centrales et modifiant les règlements (UE) n° 1095/2010, (UE) n° 648/2012, (UE) n° 600/2014, (UE) n° 806/2014 et (UE) 2015/2365, ainsi que les directives 2002/47/CE, 2004/25/CE, 2007/36/CE, 2014/59/UE et (UE) 2017/1132**

Mir kommen elo zum Projet de loi 7933 iwwert d'Finanzgarantien. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo den Dauerrapporteur vun de Mëtteg, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Dauerrapporteur klénge wéi Dauerbrenner, also ech komme just dräimol de Mëtten heihinner. Jo, bei dësem Projet hu mer ...

**M. Roy Reding** (ADR) | D'nächst Woch gëtt et méi laang.

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Jo, d'nächst Woch gëtt et méi laang, Här Reding, dat ass richtig. Hei hu mer et mat engem Projet ze dinn, fir dat d'entrée de jeu ze soen, deen zu deene ganz kläresch technesch Projete gehéiert mat engem lichte Hang zur Abstraktioun.

Froen, déi sech awer hei stellen, sinn zum Beispill déi: Wéi kann een an deem ganze Finanzberäich Risike minimiséieren? A wat geschitt, wann et dann awer, zum Beispill bei Transaktiounen, zu Schweregeekte kënn?

De Staat huet effektiv d'Verantwortung, e Kader fir Finanzstabilität ze schafen. An d'Gesetzgebung muss dowéinst genau Prozeduren, juristesche Ofleege virgesinn, déi ulafen, wa Finanzstabilitätsproblemer sollte kommen, wann et där sollt ginn, wann déi also opdauen.

E wichteg Element an dësem Beräich ass dat sougenannt EMIR-Reglement. EMIR – Dir kënnt Iech erënneren, viru Joren hate mer dat schonn eng Kéier –, dat steet fir d'Europäesch Märches-Infrastruktur-Regelung, déi als eng Reaktioun op d'Finanzkris vum 2008 ze verstoe war, also och an d'Liewe geruff gi war, fir eeben d'Risiken, d'Geforen, déi esou eng Kris provozéiert, ze iwwerwaachen.

Mat dësem Text gëtt elo awer nach eng Kéier d'Legislatioun an dëser Matière ausgebaut, an zwar eeben duerch en neit Reglement. Et geet also konkret ëm déi sougenannt, wéi d'Fransouse se nennen, Contreparties centrales, kuerz an der Abreviatioun CCP genannt – CCP, also et geet net ëm eise Postscheck, mee CCP steet hei fir Central Clearing Counterparty –, déi sech an all Transaktioun op de Finanzmäert intercaléieren. Intercaléieren heescht, ech hu mer dat elo nach séier hei derbäigeschriwwen, souzeseen „der-tëschtenschalten als eng Aart Interface“. Dat soll also d'Gestioun vun de Risike verbessern.

D'CCPe spillen effektiv eng wichteg Roll beim Verkaf vu Wäertpabeieren an anere Finanzinstrumenter, well se eeben als Contrepartie fir de Keefer an de Verkeefer funktionéieren. Dat bréngt dann eeben eng zousätzlech Sécherheet, a well dës CCPen esou wichtig sinn, gëtt de gesetzleche Kader an dësem Beräich weider ugepasst.

Mam Gesetzesprojet vun haut, dem 7933, deen den 20. Dezember zejoert hei an der Chamber deposéiert gouf, gëtt also en neit europäesch Reglement an nationaalt Recht ëmgesat. Zum Champ d'application: D'Reglement betrëfft souwuel d'Sanéierung wéi och d'Ofwécklung vun allen europäesche CCPen, also souwuel d'Sanéierung, dat heescht „recovery“, an d'Ofwécklung, also „resolution“, vun den europäesche CCPen. Dat sinn der 14. Et gëtt se also net an all Memberstaat, och net hei zu Lëtzebuerg. All Memberstaat muss eng „resolution authority“ virgesinn. Déi brauch adequat Ressourcen an Onofhängegkeet, fir Interessenskonflikter ze vermeiden.

Ausserdeem gi sougenannt „resolution colleges“ ageféiert. Am „resolution college“ sinn all betraffe Resolutionen autoritéite vertruede souwéi d'Autoritéiten aus de Memberstaaten vun de Clienté vum de CCPen. Dat ass wichteg fir Lëtzebuerg, well mir selwer jo kee CCP hunn, mee eng Sanéierung oder Ofwécklung vun engem europäesche CCP e groussen Impakt op eis Banken a Fonge kéint hunn.

De grondleeënde Prinzip ass dee vun der Proportionalitéit. All Entscheedung muss wierksam sinn an d'Käschte mussen niddreg gehale ginn. D'Interête vun all de Memberstaate mussen jo garantéiert sinn, och wa se, wéi an eisem Fall, dem Fall vu Lëtzebuerg, kee CCP hunn. Mir selwer hunn also kee CCP, mee eis Finanzplaz ass awer Client vun auslännesche CCPen an d'Clientë mussen fair behandelt kënnen ginn.

D'Reglement gesäit och sougenannt „Recoverypläng“ vir. Et muss een also am Viraus Moossname plangen, fir op gewësse Situatiounen ze reagéieren. De Staat – dat si mir eigentlech alleguer, dat heescht also an dësem Fall de Steierzueler – däerf net an deene Pläng opdauen an op déi Manéier haftbar gemaach ginn. Déi „Recoverypläng“ ginn da vun den nationalen Autoritéiten oder wann et en Iwwerwaachungscollege, also „supervisory college“ bei Gruppe gëtt, vun eebenen dësem College guttgeheescht.

Wann d'„Recoverypläng“ net gräife sollten, da gëtt e weidere Schratt ënnerholl, da geet een am Fong an déi nächst Etapp iwwer. Dat ass dann d'Resolutioun. Et geet drëm, déi kritesch Funktiounen ze erhalen, d'Mäert däerfen net gestéiert ginn. Negativ Effekter op de Finanzsystem mussen also vermidde ginn, dat, well d'CCPen e systeemesche Bestanddeel vun der Finanzplaz sinn.

Dowéinst mussen speziell Mesuren ënnerholl ginn, fir eng Ketterreaktioun ze verhënneren. Mir wëllen, wéi scho gesot, vermeiden, datt de Steierzueler fir Feeler am Finanzsystem muss opkommen.

Dat gesot, wëll ech drop agoen, wat de Gesetzesprojet genau mécht. Et gëtt eng kläresch Mise en oeuvre – Ëmsetzung – gemaach, well d'Reglement jo d'Application directe ass. Mir schwätze jo hei vun zwee Kaderen: d'Sanéierung an d'Ofwécklung. D'CSSF gëtt d'Autorité de surveillance fir d'Sanéierung. De Conseil de résolution vun der CSSF gëtt elo d'Resolutionsautoritéit. Am Fong ass dat just eng theoretesch Dispositioun, well mir jo kee CCP hunn.

De Conseil de résolution vun der CSSF kennt awer an d'Spill, wann et ëm d'Ausland geet. Fir dat ze maachen, muss dann och d'Gesetz vun der CSSF iwwerschaft ginn. Iwwerdeems gëtt de Finanzministère als zoustänneg Ministère designéiert. Well mir kee CCP hunn, kënnen mir am Fong vun engem méi lichte Regime profitéieren. Mee mir stellen eis awer esou op, datt mir an Zukunft e CCP op Lëtzebuerg kréie kënnen – oder kéinten –, ouni gesetzlech nobesseren ze mussen.

Elo nach zum zweete Volet vum Gesetzesprojet. Hei gëtt d'Gesetz zum 5. August 2005 zu de Finanzgarantiekontrakten moderniséiert an ugepasst. Effektiv gëtt hei dovunner profitéiert, datt d'Gesetz am Kader vum Règlement muss geännert ginn, fir nach zousätzlech Ännerungen – Modifikatiounen – ze maachen.

Et geet hei prinzipiell drëm, d'Ausféierung vun de Finanzgarantien ze moderniséieren. Aktuell ass d'Lëtzebuerger Bourse domadder beoptraagt, effentlech Ventë vu Finanzinstrumenter ze maachen. An der Zäit huet eis Bourse nämlech iwwer eng staatlech Konzessioun fonctionéiert. Vu datt deem net méi esou ass, ginn d'effentlech Ventë vu Finanzprodukte mat dësem Gesetzesprojet wéi eng kläresch Stee ofgehalen. Doriwwer eraus ginn och déi aner Methode fir d'Vierwierklechung vun de Garantien moderniséiert.

Zousätzlech kommen Dispositiounen dobäi, fir méi Kloerheet ze schafen a puncto Exekutiounsmoossname fir gewëssen Aktivaen – oder Aktiven – wéi zum Beispill Parten, Aktien oder Assicuratiokontrakten. Fir all déi technesch Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

Wéi gewinnt, ginn ech nach kuerz op d'Avisen an, déi d'Kommissioun geschéckt krut. De Staatsrot huet säin Avis den 31. Mee un d'Chamber geschéckt. Et gouf eng formell Oppositioun, wat d'Huissiers- an d'Notärskäschtchen ugeet, déi am Kader vun enger Vente publique ufalen. De Staatsrot ass der Meinung, datt dës Fraise schonn anerwäerteg rechtlech fixéiert goufen, a se sollen och zukünfteg net fräi verhandelt ginn.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum 17. März den Inhalt vun dësem Gesetzesprojet begréisst. Wat den Artikel 23 ugeet, mengt si awer, datt d'Ännerung sollt iwwert e Règlement amplaz e Gesetz gemaach ginn. Fir d'Detailer verweisen ech op déi respektiv Avisen.

Wéi Der also gesitt, ass dat neit Règlement, dat mat dësem Gesetzesprojet ëmgesat gëtt, en immens wichtege Aspekt an der Preventioun. Hei hëlt de Staat seng Responsabilitéit, fir de Finanztransaktiounen e verlässleche Kader ze liwweren, dat am Sënn vu méi Stabilitéit an engem Méi u Sécherheet.

Da soen ech nach eng Kéier op dëser Plaz der Madamm Finanzministerin Yuriko Backes an hire Beamten aus dem Ministère, déi eis hei mat Rot an Dot zur Säit stoungen, en häerzleche Merci, och de Mataarbechter aus der Chamber. Merci op jidde Fall fir déi gutt Zesummenaarbecht bei dësem, jo, ganz techneschen, awer séier wichtege Projet och fir eis Finanzplaz. An da ginn ech och am Numm vu menger Fraktioun, der DP-Fraktioun, den Accord zu dësem Projet.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Rapporteur André Bauler.

An och hei ass den éischten ageschriwwene Riedner den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci hei och dem Rapporteur fir nach eng Kéier en exzellente Rapport. Et ass alles gesot. Mir bleift just nach, den Accord vu menger Fraktioun ze bréngen. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mosar. Dann ass et um honorabelen Här Dan Biancalana.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Och ech wëilt am Numm vun der LSAP dem Rapporteur Merci soe fir säi ganz gudden mëndlechen a schrëftlechen Rapport a ginn och eisen Accord.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Biancalana. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, och vu menger Säit a vu menger Fraktioun dem Rapporteur villmools merci, an ech ginn den Accord vun ons.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Roy Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo, merci, Här President. Mir hätten eigentlech kënnen e Vote sans débat maachen. Och vun eiser Säit Felicitatiounen un de Rapporteur fir en exzellente Rapport, a mir stëmmen dëst Gesetz mat.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Reding. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci dem André Bauler fir dee gudden Rapport, an och mir ginn eis Zoustëmmung.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministerin Yuriko Backes.

#### Prise de position du Gouvernement

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Da soen ech Iech och vun där heiter Plaz villmools Merci fir déi exzellente Zesummenaarbecht. Merci och dem Här Bauler fir deenen exzellente Rapport, mëndlech a schrëftlech, an ech si frou iwwert déi breet Zoustëmmung fir dëst wichteg Gesetz fir eis Finanzplaz.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Finanzministerin. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7933. Den Text steet am Document parlementaire 7933<sup>5</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7933 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration.

Mir waarden, bis datt den Här Kaes hei ass. Wann ee wëllt mat ofstëmmen, muss ee sech op sengem Posten aloggen.

(Hilarité)

**Une voix** | Bien dit! Bien dit!

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | De Vott ass ofgeschloss. Rien ne va plus.

De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentatiounen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7933 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Jean-Marie Halsdorf), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mmes Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par M. Marc Hansen) et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.



## 5.7967 – Projet de loi portant création d'un comité de suivi de mesures restrictives en matière financière et portant modification de :

1<sup>o</sup> l'article 506-1 du Code pénal ;

2<sup>o</sup> la loi du 19 décembre 2020 relative à la mise en œuvre de mesures restrictives en matière financière

Als nächste Punkt um Ordre du jour kënnt de Projet de loi 7967 iwwert d'Schafe vun engem Komitee, dee restriktiv Mesuren am Finanzberäich suivéiert. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Här President, léif alleguer, d'russesch Invasioun an der Ukrain ass eng Zäsur an der europäescher Geschicht. Et ass fir d'éischte Kéier zanter dem Zweete Weltkrich, datt eng regulär Armée e souveräant Land virun de Paarte vun der Europäescher Unioun iwwerfall huet, dat wuel aus hegemonialen Ambitiounen. Et erënnert eis drun, wéi eist eegent Land an de fréie Moiesstonne vum 10. Mee 1940 vun Nazi-Däitschland iwwerfall gouf.

Eis Elteren hunn de Krich als Kanner oder als Jugendlecher erlieft. Eiser Generatioun ass dat glécklecherweis erspuert bliwwen. D'„Pax Europaea“, den europäesche Friden, huet de 24. Februar en Enn fonnt. Mir fillen allegueren hei mat den Ukrainer. Virun allem Kanner a Frae si gezwongen, hir Heemecht ze verloossen. Si loossen alles stoen, fir sech a Sécherheet ze bréngen, während hir Männer a Jongen d'Heemecht verdeedegen.

Mir komme lues a lues aus der Covidpandemie eraus, an elo si mer schonn nees an enger zousätzlecher Kris. Dat lescht Joerzénge ass effektiv e Joerzénge vu Polykrisen, ugefaang bei der Banken- a Finanzkris, iwwert d'Flüchtlingskris bis hin zur Pandemie an dem momentane Krich.

D'russesch Invasioun ass iwwerraschend komm; och wa mir vun eisen Alliierte gewarnt goufen, hätt ee sech d'Ausmooss vun dëser Invasioun net denke kënnen.

De Krich an der Ukrain, de Krich an Europa, dat bedeit onvirstellbaart mënschlecht Leed. D'Auswierkunge vun dësem grausame Konflikt wäerten eis wuel nach zeg Jore beschäftegen.

Wéi kënnen mir hëllefen? Lëtzebuerg huet Zelter, Gefierer an Antipanzerverwaffung an déi ukrainesch Armée geléiwert. Aner Länner ënnerstëtzen d'Ukrain mat finanzieller Mëttel, mat diplomatescher Ënnerstëtzung, Renseignementer an och deels Waffen. Wéinst dem Risk vun enger militärescher Eskalatioun op europäeschem a weltwäitem Niveau huet bis elo kee Land direkt an de Konflikt agegraff.

Et gëtt awer nach en anere Moyer, dee mir hunn, fir eis fir d'Erhale vum Friden, de Respekt vun de Mënscherechter a vum internationale Recht anzesetzen: Dat si Sanktiounen. D'Europäesch Unioun huet sech vun Ufank un zesummegegeden, fir koordinéiert Sanktiounen géint de Regime zu Moskau ze huelen. D'Zil ass et, déi Responsabel vun esou Verbrieche direkt oder geziilt ze bestrofen, fir esou d'Zivillpopulatioun ze schützen.

Eng Fro, déi am Kontext vun de Sanktiounen dacks opkomm ass, dat ass d'Fro vum Suivi vun der Ënnerstëtzung vun de Sanktiounen. Esou Moossname sinn nämlech just wirksam, wa se och streng kontrolléiert

ginn. Lëtzebuerg huet d'Sanktiounen esou sec ewéi méiglech ëmgesat an trotzdeem muss och an Zukunft garantéiert sinn, datt d'Sanktiounen exakt a wirksam ëmgesat ginn.

An deem Sënn gesäit de Gesetzesprojet vum 14. Februar d'Schafung vun engem Komitee vir, deen de Suivi vun de Sanktiounen maache soll an och d'Lëtzeburger Sanktiounspolitik mat ausschaffe soll.

Mat dësem Komitee komme mir dann och enger Recommendation vum GAFI, also dem Groupe d'action financière, no. D'Zil ass et, fir géint d'Finanzéierung vum Terrorismus, d'Verbreedung vu Massevernichtungswaffen an d'Violatioun vum internationale Recht virzegoen. D'Sanktiounen kënnen sech géint Entitéiten, Gruppen a Staaten, awer och individuell Persounen richte. Et gëtt grouse Wäert drop geluecht, cibléiert Mesuren ze huelen, fir déi wirklech Responsabel vun esou Verbrieche ze treffen.

Op jidde Fall si Sanktiounen méi ugepasst, fir Drock auszeüben, well hei d'Kollateralschied a kengem Verglach stinn zu enger klassischer militärescher Intervention.

De Komitee huet als Missioun, all Zort vu Sanktiounen ze suivéieren. Zu Lëtzebuerg ënnerscheede mer generell tëscht dräi Zorte vu Sanktiounen, ofhängeg vum Niveau, op deem se entscheet ginn, also entweder um Niveau vum Weltsécherheetsrot, vun de Vereenten Natiounen also, oder um Niveau vun der Europäescher Unioun am Kader vun der gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik oder um nationalen Niveau konform zum Gesetz vum 19. Dezember 2020.

Et sief op dëser Plaz drun erënnert, datt Lëtzebuerg e grouse Verrieder vum Multilateralismus ass. Mir huelle Sanktiounen also generell just zesumme mat anere Memberstaaten, an dat och an enger holistescher Approche, an där d'Diplomatie ëmmer un éischter Plaz steet.

De Komitee setzt sech zesummen aus engem Verrieder jeeeweileg vum Finanzministère – dee Verrieder presidéiert och –, vum Aussen- an Europa-minister, dem Justizminister, vum Commissariat aux assurances, vun der CSSF, der Administration de l'enregistrement des domaines et de la TVA an der Cellule de renseignement financier.

Punktuell kënnen awer och extern Persounen invitéiert ginn. De Komitee kënnt esou dacks zesumme wéi néideg an op d'mannst zweemol am Joer. Duerch den Amendement vun der Regierung an op Basis vun enger Propos vum Staatsrot gouf d'Verpflichtung, fir mat der Cellule de renseignement financier zesummenzeschaffen, op d'Infrastrukturen, déi am Gesetz vum 19. Dezember 2020 opgeléist sinn, erweidert.

Zu den Avisen: De Staatsrot huet a sengem Avis vum 28. Juni e puer Remarque gemaach. De Staatsrot begreift, datt de Gesetzesprojet preziséiert, datt zukünfteg Sanktiounen iwwer e groussherzoglecht Reglement festgehalen ginn, esou wéi virunner och gefuerdert. Doriwwer eraus huet de Staatsrot den Notze vun enger Flicht, fir mat der Cellule de renseignement financier zesummenzeschaffen, wann et ëm Sanktiounen geet, unerkannt. Et wier awer méi wéi ubruecht, eng Modifikatioun am Code pénal ze maachen, wéi d'Method, déi ufangs gewielt gouf.

D'Finanz- an d'Budgetkommissioun ass de Remarque vum Conseil d'État um Inhalt souwéi op der Form integral nokomm.

Zu der Révisioun d'entreprises. Si hunn an engem Avis vum 7. März derfir plädéiert, datt d'Autoregulatiounsorganismen och solle vum Komitee geruff ginn, fir dësen ze beroden. Si sinn um Terrain an éischter Linn vun de Reegelunge betraff a kënnen esou matdeelen,

wann et Problemer gëtt, wat d'Ëmsetzung ugeet. Iwwerdeems kënnen se sou Informatiounen ufroen, wéi se genau op gewëss Situatiounen reagéiere sollen. Schlussendlech kënnen se och hir Meinung zu neie Richtlinnen, Reglementer a Gesetzer matdeelen.

An hirem Avis vum 4. Abrëll begreift dann d'Handelskummer den Amendement. Si fënnt et just richtig, datt d'Organismen d'autorégulation, déi esou eng wichteg Roll an der Ëmsetzung vun de Sanktiounen hunn, och betruecht ginn. Si freet awer iwwerdeems no, wéi den Informationsaustausch, wéi en am Artikel 2 virgesinn ass, genau ausgesäit.

Ënner Virbehalt vun dëser Fro seet d'Chambre de Commerce sech awer mam Gesetzesprojet averstane. An engem zousätzlechen Avis vum 16. Mee huet d'Chambre de Commerce sech dergéint ausgeschwat, dass d'Prisongsstrof soll erhéicht ginn. Si ass awer dermat averstane, datt d'Cellule de renseignement financier och Deklaratiounen iwwert d'Netanhale vu Sanktiounen kréien dierf.

D'Staatsbeamtekummer huet dann an hirem Avis vum 17. Mee gefrot, datt den Echange, deen am Komitee stattfënnt, méi kloer definéiert soll ginn.

Iwwerdeems soll am Gesetz vun engem Beamten oder staatlechen Employé rieds sinn, deen d'Sekretariatsaarbecht mécht, amplaz vun engem Member vun der Kommissioun. Schlussendlech weist d'Staatsbeamtekummer sech erstaunt, datt keng Indemnitéiten, zum Beispill Frais de route, fir d'Participanten vun de Komiteessitzungen virgesi sinn.

### (Interruptions)

Här President, léif alleguer, de Komitee wäert de betroffenen Autoritéiten et erlaben, d'Ëmsetzung vu finanzieller Sanktiounen systematesch ze suivéieren. Doriwwer eraus gëtt et e besseren Informationsaustausch tëscht den Acteuren. Informatiounen kënnen och gemeinsam no bausse kommunizéiert ginn.

Schlussendlech sinn an dësem Komitee all déi Persounen vertrueden, déi am beschten iwwer eise gesetzleche Kader berode kënnen an och Verbesserungsvorschläg ausschaffe kënnen.

De Komitee – dat dierf ee soen – ass e wichteg Instrument, fir déi Sanktiounen, déi Lëtzebuerg entscheet huet, op effikass Manéier ëmzesetzen an doriwwer eraus eis Sanktiounspolitik ëmmer der Realitéit, der Situatioun um Terrain, unzepasen.

Zu gudder Lescht nach eemol der Ministesch merci fir déi gutt Zesummenaarbecht hei, och de Beamten, déi eis ganz vill Detailler geléiwert hunn, och dank dem Nohaken an Nofroe vum Här Mosar, deen och an dësem Dossier, wéi gewinnt, ganz kritesch war a warscheinlech nach eng Rei Remarken elo wäert maachen. An ech wollt och mengem Mataarbechter aus der Franktioun, dem Pitt Sietzen, Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht an dann och den Accord gi vu menger Fraktioun, net ze vergiessen, der DP-Fraktioun.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Rapporteur André Bauler.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci dem Rapporteur fir säin exzellente Rapport, an deem en och op d'Wichtigkeet vum Comité de suivi higewisen huet, wat de Respekt vun de Sanktiounen betrëfft. Ech soen

ëm och Merci fir säi Luef, datt ech kritesch wier. Ech war zwar elo net kritesch hei par rapport zum Projet, ausser wat ee Punkt betrëfft. An dee wollt ech och nach eng Kéier ganz kuerz iwwerhuelen, dat ass: Wat d'Kompositioun vun deem Comité de suivi betrëfft, hätte mir eis eigentlech gewënscht, datt de Parquet doranner vertruede wier, well jo awer de Parquet eng net onweesentlech Roll heiranner spilt.

Mir hunn dunn erkläert kritt, dat géif d'Cellule de renseignement financier maachen, wat allerdéngs net ganz richtig ass, well d'Cellule de renseignement financier eigentlech just fir de Volet Blanchiment zoustänneg ass an net onbedéngt fir déi aner Voleten. Mee dat gesot, sou wichteg ass dee Punkt awer elo net, datt mer net géifen eis Zoustëmmung zu deem Gesetz ginn. An ech kann dann och direkt soen, datt mir dat Gesetz hei wäerte stëmmen.

Ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir eng Kéier kuerz justement op d'Thematik vun de Sanktiounen hei anzegoen. Et ass och scho virdrun ugeschnidde ginn, och déi Aart a Weis, wéi déi Sanktiounen hei zu Lëtzebuerg an och am Rescht vun der Europäescher Unioun ëmgësat ginn. An do wëll ech fir d'éischt soen, datt ech absolutement net d'accord si mat gewësse Aussoen, déi hei op menger rietser Säit virdu gemaach gi sinn, datt déi Sanktiounen keen Effekt hätten. Dat ass manifestement falsch. A wann een e bësselchen am Moment kuckt, a wat fir enger Situatioun déi russesch Wirtschaft, awer och ganz besonnesch déi russesch Banke sinn, déi quasiment virun enger Faillite d'état stinn, kann een also mam allerbeschte Wëllen net behaupten, datt déi Sanktiounen do näischt bruecht hätten.

Wat allerdéngs richtig ass – an do kommen ech och elo direkt drop ze schwätzen –, ass, datt déi Sanktiounen vläicht nach besser Wierkung géife weisen, wa se dann och iwwerall esou géifen exekutéiert ginn, wéi dat eigentlech virgesinn ass. An do wëll ech ufänke mat der Situatioun hei bei eis am Land, an dat wëll ech och kloer eng Kéier soen: Ech fannen eigentlech, datt dat gutt funktionéiert hei am Land, wéi déi Sanktiounen ëmgësat ginn, och wann ee sécherlech op eenzelne Punkten nach ka Verbesserungen erbréngen. Ech denken do notament an de ganze Volet vum Registre maritime, och vun de Fligere, wou mer Prozeduren hunn, déi vläicht net onbedéngt honnertprozenteg adaptéiert sinn un déi Situatioun, an där mer sinn.

Wat ganz gutt funktionéiert huet – an ech wëll dat och hei ervirsträichen an eigentlech och deene Leit Merci soen –, dat ass d'Kontroll vum Finanzsektor, d'CCSF, déi hei iwwert déi lescht Wochen eng super Aarbecht gemaach huet, wat net ëmmer evident ass. A mir brauchen eis do wierklech net ze schumen. A wann ech kucken, wat an de leschte Wochen hei säséiert oder geléiert ginn ass, do komme mer op e Betrag vu 4,3 Milliarden, wat extrem héich ass, wann een da gesäit, datt um Niveau vun der gesamter EU – vun der gesamter EU! – 9,7 Milliarde geléiert gi sinn.

An hei ass och schonn e bësselchen e Punkt, deen ech wollt soulevéieren: Ech froe mech wierklech, ob an alle Länner vun der Europäescher Unioun an doriwwer eraus déi Sanktiounen esou à la lettre exekutéiert ginn, wéi dat hei am Land de Fall ass. Well et ka jo net sinn, datt de Gesamtbetrag, deen do en place ass ..., datt mir hei zu Lëtzebuerg mat eise geléierte Fongen do quasiment d'Hallschecht ausmaachen.

Do muss ee jo awer wierklech hannerfroen, wéi dat dote méiglech ass. A wann een da kuckt – et versicht een och, d'Zuelen ze kréien –, wéi dat notament an der Schwäiz ..., wat do säséiert ginn ass, wat am UK geléiert ginn ass, do kritt een deelweis guer keng

Zuelen, och deelweis ganz kontradiktoresch Zuelen. A wann een dann och nach gewësse Presseartikelen an der Zeitung liest vu griichesche Reeder, déi systematesch versichen, déi Sanktiounen ze ëmgoen, och den NATO-Partner Türkei mécht alles, fir déi Sanktiounen ze contournéieren, do muss ee sech dann awer wierklech eng Rei vu Froe stellen.

Abee, ech mengen, mir brauchen eis hei wierklech ... mir brauche kee schlecht Gewëssen ze hunn. Allerdéngs géif ech hei awer en Appell un d'Finanzministesch maachen, och emol eng Kéier deen dote Sujet wierklech um Niveau vun der EU ze thematiséieren. Well ech froe mech, ob all déi aner Länner dat och mat där selwechter Diligence maachen oder gemaach hunn, wéi mir dat maachen.

An dann en allerleschte Punkt, Här President, da sinn ech fäerdeg. Ech hu matkritt, datt am Moment eng Propositioun vun der Kommissioun um Dësch läit, fir déi geléiert Asseten, also Fongen ..., datt déi alleguerte solle veräussert ginn an de Produit vun deene Veräusserunge dem Opbau vun der Ukrain soll zoukommen. Ech wann ech dat eng ganz sympathesch Iddi fannen, stellen ech mer awer doriwwer eng Rei vu juristesche Verfassungsfroen. An och wann een, wéi gesot, éischter d'Tendenz hätt, hei direkt ze soen: „Ma eng super Iddi. Solle mer dat maachen?“, mengen ech, ass et awer eng Decisioun, bei där ee muss kucken, wat déi och mëttel- a laangfristeg eventuell fir Konsequenze kéint hunn. An ech wier frou, wann Der eis vläicht herno doriwwer kéint e puer Wuert soen.

Dat gesot, bréngen ech nach eng Kéier den Accord, a villmools merci fir Äert Nolauschtenen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. An da wier et um honorabelen Här Dan Biancalana.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Och ech soen am Numm vun der LSAP dem Rapporteur Merci fir säi Rapport a ginn och hei d'Zoustëmmung vun der LSAP.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Biancalana. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, villmools merci, Här President. Och villmools merci dem Rapporteur fir säi ganz gudden mëndlechen a schréftlechen Rapport. An dofir ginn ech och ganz gären den Accord vu menger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. An d'Wuert geet weider un den honorabelen Här Roy Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Merci, Här President. Ech bedauern, datt dësen Debat hei elo zu enger Loi spéciale „Russland“ devéiert ass. Ech mengen, dee Projet hei gouf deposéiert virum Iwwerfall vu Russland op d'Ukrain. An esou séier wéi ech och ëmmer de Rapporteur luewen, muss ech en dës Kéier kritiséieren.

Déi éischt fënnf Minutte vu sengem Rapport war kee Rapport, et war eng parteipolitesch Interventioun, déi hir Plaz an deem Rapport net hat. Mir fannen dat Gesetz hei gutt. Et geet ëm Sanktiounen ganz allgemeng géint Terrorismus, Massevernichtungswaffen a Violatioun vun internationalem Recht. A mir droen deen Text mat.

Ech reiteréieren awer am Numm vun der ADR, datt mer et falsch fannen, wat fir eng Sanktiounen verhaange gi sinn am Rame vum Ukrainkrich, datt se net zilféierend sinn, datt se dee Krich net verkierzen, datt se géint dee Krich näischt oder weéng bewierken.

Den Här Mosar huet elo grad gemengt, d'russesch Economie wier virum Zesummebroch. Ben, J. P. Morgan huet haut e Rapport publizéiert, datt de Bruttoinlandsprodukt vu Russland ëm 3,5 % zrëckgeet. Dat schéngt mer net grad en Zesummebroch ze sinn, besonnesch wann ech kucken, datt mer hei zu Lëtzebuerg elo eng Inflatioun hu vu 7,5 %.

Et muss een also kucken: Wiem hëlleft et? Wiem schuet et? Wat fir een Notzen huet et? Mir hunn déi allergréisst Bedenken, wat d'Effikassitéit vun deene Sanktiounen ugeet an iwwregens och déi Leit, déi cibléiert sinn, och déi Leit, déi cibléiert sinn. Den Här Mosar huet mat Recht iwwer verfassungsrechtlech Bedenke geschwat.

Kann ech engem Mënsch net nëmme seng Assets säséieren, mee dann och schlussendlech anzéien, well en eng „Nähe“ huet zu engem Regimm, eng supposéiert Nähe, obwuel e mat deem Krich näischt ze dinn huet? Also ech fannen dat wierklech extrem, extrem bedenklech.

An dann een allerlescht Wuert: Diplomatie, déi éischt Plaz. Här Bauler, do hat Der Recht, Diplomatie soll déi éischt Roll spillen. An hätt se dat gemaach säit 2014, da wier et zu dësem Krich net komm.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Reding. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Ech kann dem André Bauler just zu deem Rapport felicitéieren. An alles, wat e gezielt huet, entsprécht och menger Meenung. An de Rapport ass villfältig. Jo, et huet sech geännert. Vum Depot bis haut huet sech d'Situatioun geännert. A mir si sécherlech frou, dass mer dat Instrument elo hunn. Wéi oft hunn ech hei nogefrot fir déi ominéis Fligere? Ech weess, dat sinn elo net d'Finzen, mee d'Fligere ... Bon, do ware se zu Istanbul, dunn zu Moskau, du ware se fort.

Dat heescht, mir brauchen esou e Komitee fir déi Sanktiounen, déi an eisen Ae ganz richtig sinn. Well mir müssen de russesch Regimm treffen. Mir müssen déi russesch Leit un der Spëtzt treffen. Mir müssen net déi kleng Leit a Russland treffen, nee, well déi sinn net schold un deem, wat geschitt ass. Déi sinn net schold un der Invasioun an der Ukrain. Nee, et sinn déi grouss Leit uewen, déi alleguerten – an dat ass de Phenomeen – vun engem Putin profitéiert hunn, deenen hir Milliounen entstane sinn op dem Réck vun deene kleng Leit. An dofir sinn déi Sanktiounen richtig an dofir ass dat Gesetz haut och richtig.

A wa Lëtzebuerg virbildlech ass an der Europäescher Unioun, ma da soll dat gutt sinn, da solle mer dodrobber houfreg sinn, da kënnen mer dat och dobausse soen. Wann déi aner Länner eeben nach weiderhi Russland verschidden Diere wëllen oploossen, dann ass dat fir mech eigentlech degueulasse. An dofir sinn ech frou, dass Lëtzebuerg seng Aufgaben erfëllt an och haut e Gesetz stëmmt, wat deementsprechend ka géint esou Sanktiounen, awer och géint all déi aner Sanktiounen vum Terrorismus ... Mee nun emol ass d'Aktualitéit am Moment d'Ukrain. An dofir fannen ech et och passend, dass mer dann haut genau an deem Kontext iwwert d'Ukrain a Russland geschwat hunn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen.



D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministeresch Yuriko Backes.

### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, och da fir d'drëtt Kéier haut merci dem Här Bauler fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Och e grouse Merci fir säi Rappel, wat d'Pax Europaea ugeet, den europäesche Fridde, deen effektiv säit dem 24. Februar op e brutaalt Enn komm ass, mat all de Konsequenzen, déi dat mat sech bréngt, a ganz villen Hisiichten, un éischter Plaz natierlech fir d'Ukrain a fir d'Bierger vun der Ukrain, mee doriwwer eraus fir e ganze Koup aner Mënschen, och fir eis Matbierger hei an och fir eis Économie. An ech fäerten, dass dat nach eng ganz Rei Méint, Jore vläicht, wäert daueren, bis mer aus dëser schrëcklecher Situatioun an hire Konsequenzen wäerten erauskommen.

Ech soen Iech alleguerten e ganz grouse Merci, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir déi breet Ënnerstëtzung fir dëse Gesetzesprojet. Sanktiounen sinn eng ganz komplizéiert Matière, sinn och ganz héich politesch an der EU a weltwäit. Um nationale Plang ass et ganz wichteg, dass mir d'Mesurë richteg ëmsetzen an dass eng kohärent an och eng strikt Mise en oeuvre vun de Mesuren durch Lëtzebuurger Acteure ka garantéiert ginn. Dofir ass eng national Concertatioun an eng national Koordinatioun vun de Schlësselacteure bei der Ëmsetzung vun de Finanzsanktiounen eeben esou extreem wichteg.

Wéi den Här Bauler scho mentionéiert huet, komme mir mat der Schafung vun dësem Komitee och enger GAFI-Recommandatioun no. Och dat ass ganz wichteg.

2010 ass iwwer e Règlement grand-ducal schonn e Comité de suivi an d'Liewe geruff ginn an deen huet och säitdeem ganz, ganz vill geschafft. An ech soen och alleguerten deenen, déi do matschaffen, villmools Merci.

Dës nei Base légale ass awer elo wichteg. De Champ d'application, d'Kompetenze si méi breet gemaach ginn. Mir hunn elo eng robust juristesche Ënnerlag. De Projet reflektéiert also d'Realitäten, wéi se haut um Terrain virzefanne sinn, a stellt och d'Realitéit vun der aktueller nationaler Koordinatioun méi akkurat duer.

Dëse Gesetzesentwurf verbessert dann och d'Gesetz vun Dezember 2020, vum 19. Dezember 2020, fir eeben eng Insecureté juridique opzehiewen a fir dem Avis vum Staatsrot och Rechnung ze droen, wat Strofnoten ugeet. All Contournement oder Tentative de contournement muss der CRF gemellt ginn.

D'Mise en oeuvre vu Sanktiounen ass en Challenge a ville Länner, net nëmmen zu Lëtzebuerg. Et hu sech iwwert déi lescht Méint effektiv eng ganz Rei vu Froen gestallt, eeben net nëmme bei eis. Dofir, ech hunn dat och schonn hei gesot, ass eng Koordinatioun um EU-Niveau esou wichteg.

Ech mengen, et kann ee villen kritiséieren. Mir liesen och ganz vill Saachen doriwwer. Dat ass elo hei haut net geschitt, an ech soen Iech och ausdrécklech Merci dofir, well ech mengen, all d'Acteuren, mat deenen ech schwätzen, mat deenen ech ganz vill am Kontakt sinn, maache wierklech alles, fir hei zu Lëtzebuerg dës Sanktiounen anstänneg ëmzesetzen. Mir hunn e System an place. Ech mengen, all System ass ëmmer perfektibel. Et kann een alles verbessern. An ech mengen, mat dësem Gesetz maache mer dat och.

D'Fro ass gestallt ginn, oder de Punkt ass soulevéiert ginn, dass mir effektiv vill blockéieren hei zu Lëtzebuerg, geléieren. Et ass eng Demande, déi ech och

schon ëfters un d'Kommissioun gestallt hunn, dass se eis mol fiabel Chiffere ginn, fir dass een dat richtig, anstänneg matenee vergläiche kann. Dat ass ganz schwéier, mee ech hale mech awer dodrun, dass mer do Statistike kréien, mat deenen een och ka schaffen.

Bon, ech muss awer da fairerweis soen, de Fait, dass mir relativ gutt do stinn, huet natierlech och dermat ze dinn, dass Clearstream hei zu Lëtzebuerg ass an dass de russeschen National Securities Depository (veuillez lire: National Settlement Depository) plus ou moins dräi Milliarden an der Clearstream hält, an déi si blockéiert. An et ass natierlech ... et sinn net vill Finanzinfrastrukturen an Europa mat esou enger Importenz, nach Euronext an der Belsch. Mee dat erkläert, mengen ech awer, firwat déi Länner esou e groussen Undeel un deene blockéierte Montanten hunn. Mee ech thematiséieren, wéi gesot, déi Statistikro weider mat der Kommissioun an och mat mengen EU-Homologen.

Et ass och mentionéiert ginn, oder d'Fro vun der Confiscatioun ass gestallt ginn. Ech mengen, dat gesinn ech effektiv änlech wéi den honorabelen Deputéierten. D'Kommissioun huet Reegelen proposéiert, fir d'Evasioun vu Sanktiounen als Crime unzegesinn, fir den EU-Länner eng legal Basis ze ginn, fir geléiert Avoiren dann eeben ze confiscéieren. Déi Diskussiounen, déi hunn eréischt ugefaangen. De Justizministère vertritt eis an deenen Diskussiounen. Dat ass effektiv ganz komplizéiert. Do stelle sech fundamental och juristesche Froen. An ech géif och mengen, dass dat awer trotzdeem eng Matière ass, déi zum Beispill um G7-Niveau kéint uleschwat ginn.

Et war nach eng Fro... Nee, ech mengen, soss ware weider elo keng Froen. Ech wëll Iech da wierklech Merci soe fir déi exzellente Zesummenaarbecht um Niveau vun der zoustänneger Chamberskommissioun, déi dräimol, mengen ech, zu dësem Projet de loi delibéréiert huet.

Mat dësem Gesetzesprojet stärke mir dann och, mengen ech, trotzdeem eise Ruff als fiele Partner an der internationaler Communautéit, mee och an der Europäescher Unioun.

Ech soen Iech villmools Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Finanzministeresch Yuriko Backes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7967. Den Text steet am Document parlementaire 7967<sup>a</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7967 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehoill.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Martine Hansen), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Marc Lies), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par Mme Cécile Hemmen), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## **6. Heure d'actualité de la sensibilité politique Piraten au sujet de la prise en charge des patients par les gynécologues et les pédiatres**

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Betreiung vun de Patientinnen vun de Gynékologen a vun de Pédiateren, déi d'politesche Sensibilitéit Piraten ugefrot huet. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Marc Goergen als Vertrieeder vun der politescher Sensibilitéit Piraten. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

### **Exposé**

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Mir hunn dës Aktualitéitsstonn ugefrot, well d'Maternité zu Ettelbréck zougemaach gi war. Dat war einfach e Moment, wou een huet misse reagéieren, och politesch. Dass mir am Land e Problem hu mat Mangel u Pédiateren, dierft Iech allegueren scho bekannt sinn.

(Mme Djuna Bernard prend la présidence.)

Besonnenesch akut a fir jidderee siichtbar ass dëse Problem ufank des Joers ginn, wéi eeben d'Maternité vun Ettelbréck huet missen hir Dieren zoumaachen. Dat huet vill Mammen a Koppele mat hire Kanner schwéier getraff.

Ech wëll awer viru mengen Explikatiounen och soen, dass ech bis elo perséinlech just positiv Erfahrungen hat, sief et bei der Gebuert vu mengen zwee Kanner bis hin zu den Dokterinnen, bis hin zum Spidol an och bei de Kannerdokterinnen. Ech hat och d'Méiglechkeet oder, et kann ee scho soen, d'Chance, dass mir um Kierchbiereg am Spidol waren.

Zréck zum ländlechen Raum. Mëttlerweile ass d'Maternité zu Ettelbréck zwar nees op, mee och wann déi erëm op ass, huet dat un der Basis vum Problem awer näischt geännert. D'Gesondheetsversuerung am ländlechen Raum ass, wat d'Pédiateren ugeet, ëmmer nach vill ze schlecht, an dat virun allem am Verglach mam Zentrum.

A vill Mammen, déi e Kand erwaarden an dann ee Gynékolog sichen, deen och Gebuerter betreit, mussen laang sichen, bis se ee fannen, deen och nach nei Patientinnen unhëlt. Dat ass e Problem, deen d'Leit queesch iwwert d'Land verdeelt kennen. D'Theema vun engem Mangel u Gynékologen a Pédiateren huet also och no der Reouverture vun der Maternité nach ëmmer eng grouss Bedeitung.

Wéi bei villen anere medezinnesche Spezialisatiounen och, sinn an de leschte Joren d'Zuelen u Patiente staark eropgaangen, während d'Unzuel un Dokteschen an Dokterinnen net nökent. Esou ginn d'Waardezäiten ëmmer méi laang, an et entstet quasi Konkurrenzsituatiounen tëscht eenzelne Regiounen vum Land oder och tëscht de Spideeler.

Dass d'Ressource limitéiert sinn, mierkt een och op den Neonatologiestatiounen, wou d'Unzuel un Intensivbetetter, déi ganz kleng zu Lëtzebuerg ass, net mat dem Wuesstum vun der Bevëlkerung mathale kann. Aktuell hu mir knapp méi wéi 120 Pediatere hei am Land an dovu schaffen der 94 an de Spideeler, an dat virun allem an der Stad.

Hei an der Stad kann een dofir op eng exzellente Prise en charge vun der Maternité an der Pédiatrie zréckgräifen, an dat 24 Stonnen op 24. Jo, souguer zu Péiteng ass et anescht. Mir hunn zwar do och eng exzellente Koppel, déi d'Praxis vun dem wuelbekannten a geschätzten Dokter Conter iwwerholl huet, wou ech selwer als Kand och war.

**Une voix |** Där ginn et der nach e puer.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Et sinn der nach e puer heibannen. Mee och si sinn elo schonn iwwerlaff, an dat zu zwee an enger Praxis. Kee Wonner bei 20.000 Awunner an der Gemeng plus Regioun ronderëm, schnell 50.000 Awunner!

Am Norde vum Land ass et awer nach méi schlecht. Ettelbréck huet elo nees d'Maternité opgemaach, mee fir d'Pédiatrie hu si awer just eng Structure de prise en charge ambulatoire. An déi ass weekends an och u Feierdeeg just zwou Stonnen op. Dat ass wäit ewech vun engem Urgenceservice, deen duerchgëend op ass.

An en plus ass Ettelbréck jo och net grad extreem nördlech. Do komme jo och nach vill Stied an Dierfer duerno, déi nach vill méi wäit vun der gudder Versuergung an der Stad ewech sinn a fir déi de Wee an engem Urgencefall, déi laang Fuerzäit, ka geféierlech ginn. Dat mécht ville Leit aus dem Norde vill Suergen, well schliisslech muss et bei enger Urgence jo séier goen. Mee den Trajet bis an d'Stad, jee no deem, wou een hierkënt, grad am Berufsverkéier, ass e gesondheetleche Risiko fir d'Patienten.

Wéi wichteg et den Elteren aus dem Norden ass, dass d'pediatresch Versuergung verbessert gëtt, huet sech och zentert mat der Petitioun 2301. Dës Petitioun huet a kuerzer Zäit de Seuil vun den néidege Stëmme iwwerschritt an huet sech fir eng Maternité an eng Pédiatrie d'urgence am Norden ausgeschwat.

Mee net nëmmen den Norde brauch Pediatere, och de CHEM, zum Beispill, am Süden huet schonn ugekënnegt, dass et iergendwa kéint enk ginn, och wann d'Servicer aktuell nach assuréiert kënnen ginn.

Et war dofir wichteg, dass den nationalen Déngscht vum Gesondheitsminister ëm véier Posten opgestockt ginn ass. Mee doriwwer eraus mussen d'Aarbechtskonditiounen vun den Dokterinnen a vum Gesondheitspersonal am Allgemengen dréngend iwwerschaft ginn. Eng kleng Plooschter geet hei net méi duer. Mir brauchen eng Gesondheitspolitik, déi d'Aarbecht an den Urgenzen an um Land méi attraktiv mécht. Den aktuelle System mécht dat net an e risquéiert an Zukunft nach méi schlecht ze ginn.

Bis viru Kuerzem konnt eng Doktesch oder en Dokter, dee fir e Spidol geschafft huet, hei nach dovu profitéieren, op Apparater kënnen zréckzegräifen, déi een ausserhalb net huet dierfen. Wéi mir all wëssen, ass dat elo awer net méi esou, a mir Piraten fannen dat och eigentlech gutt.

Mee mat dëser Verännerung mussen awer och all aner Verännerungen anhierno, soss stellt sech nämlech d'Fro, firwat en Dokter, dee mat sengem eegene Cabinet daagsiwwer gutt ausgebucht ass an all d'Apparate huet, déi e brauch, sech de Stress nach soll undoen, Permanenz fir d'Urgenzen ze maachen, wou e manner pro Stonn verdéngt wéi a sengem Cabinet an och nach méi desagreabel Aarbechtszäiten huet. Do feelt dann einfach den Ureiz, geneesou wéi et aktuell nach net genuch Ureizer gëtt, sech als Medezinner mat Spezialisatiounen am ländleche Raum niddereeloossen. Hei muss och géigegesteiert ginn, an dat mat enger eenheetlecher a fairer Entlohnung vun der Ruffbereitschaft, an dat duerch méi attraktiv finanziell Ënnerstëtzung fir Persounen, déi sech trauen, sech ausserhalb vum Zentrum mat hirer Praxis niddereeloossen.

Elteren ze ginn ass, zumindest bei dësem Theema, mat ville Froen an Onsécherheete verbonden. Mee d'Fro, ob am Noutfall en Dokter wäert no genuch sinn, fir der Mamm oder dem Kand kënnen ze hëllefen, sollt ee sech hei am Land net stelle mussen!

D'Vertrauen an eise Gesondheitssystem sollt Eltere Sécherheet vermëttelen während der besonnescher Zäit vun enger Schwangerschaft. Mee esou e Vertraue kann net entstoen, wa sech d'Prise en charge duerch Personalmängel verschlechtert, a mir eist verbleiwend Gesondheitspersonal ausbrennen loosse.

Si ginn um Terrain all hiert Beschtt fir d'Patientinnen an d'Patienten, mee hiert Beschtt geet do leider net duer, wann d'Politik net nach hiert Beschtt derbäigëtt. An dat Beschtt ass sécher net, ëmmer just ofzewarten, bis eng Kris do ass, an dann eréischt ze reagéieren.

Mir wëssen, wou d'Baustellen am Gesondheitssektor sinn, an déi mussen mir elo esou séier wéi méiglech ugoen, sief et um Niveau vun de Formatiounen, um Niveau vun de Gehälter oder vun den Aarbechtskonditiounen oder vum Waarden op dee säit Laangem ugekënnegte Virage ambulatoire. Just vun engem Krisemodus an deen nächsten ze wiesselen, dierf hei net d'Zukunft sinn!

Merci.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Här Goergen.

An deen éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

### Débat

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Madamm Presidentin. Och merci dem Här Clement respektiv dem Här Goergen fir d'Ufro vun dëser Heur d'actualité.

D'Actualitéit ass entstanen, den Här Goergen huet et gesot, wéi d'Decisioun gefall ass, dass d'Maternité zu Ettelbréck misst zougemaach ginn, well net genuch Dokterinnen do waren, fir deen néidegen Déngscht ze garantéieren. Dat war keng gutt Situatioun. Dat war keng fei Situatioun fir d'Leit aus dem Norden.

Mee et huet awer och verschidden aner Leit emol siichtbar gemaach, wat fir eng Problematik mer hei zu Lëtzebuerg hunn, dass mer net méi genuch Pediatere hunn, dass mer net méi genuch Gynecologen hunn.

A wann een déi Chiffere kuckt, op déi ech elo aginn – déi kommen aus dem Aperçu vum Santéssystem vun den Zuele vun 2020, déi vum Ministère de la Santé erstallt gi sinn –, stellt ee fest – an den Här Goergen huet ee Chiffer gesot vun de Pediatere –, dass mer nach 94 Pediatere hunn, déi hei zu Lëtzebuerg an de Spideeler aktiv sinn.

An do weess een, déi Leit, déi sech méi domadder beschäftegen, dass dat fréier oder spéider net méi wäert duergoen an dass mer do virun allem och nei Leit brauchen, souwuel an der Pédiatrie wéi an der Gynecologie, mee och bei anere Beruffer.

An ech mengen, dat ass awer an dësem Haus ëmmer erëm ennerstrach ginn, dass mer e Problem hunn, fir genuch Dokterinnen a genuch Gesondheitspersonal ze fannen! An ech mengen, do ass den Iwwel, dee mer mussen diskutéieren, well et ass richtig.

Mir haten elo de Fall vun Ettelbréck, wou Gott sei Dank eng Léisung an Zesummenaarbecht mat engem anere Spidol a mam Ministère fonnt ginn ass. Dat ka muer Esch sinn. Dat ka muer de Kierchbiere sinn. Dat ka muer en anert Spidol sinn. An et ass wichteg, dass mer an engem Land wéi Lëtzebuerg de Leit kënnen eng Medezinn ubidden, déi onofhängeg vun deem, wou s de wunns, an onofhängeg vun deem, wou s de schafft, ... dass do déi Soine mussen garantéiert sinn, déi do sinn.

An do gëllt et, Aktiounen ze maachen! Do gëllt et, Aktiounen ze maachen, fir Leit ze fannen, déi och bereet sinn an encouragéiert sinn, fir déi Beruffer do auszeüben. An dat ass eng Diskussioun!

Ech mengen, mir si während der Covidsituatioun owes de Leit klappe gaangen um 19.30 Auer, fir hinne Merci ze soen, dass se géifen als Gesondheitspersonal vill Leeschtunge bréngen. Mir hunn net méi spët wéi viru 14 Deeg heibannen nach eng Kéier eng Decisioun geholl, dass d'Leit, déi an der Prereträite sinn an de Soinen, nach kënnen zréckgeruff ginn, well mer net genuch Leit an de Soine fannen. A mir wëssen, dass an de Soine ronn 50 % vun deene Leit, déi do aktiv sinn, Leit sinn, déi net hei zu Lëtzebuerg wunnen.

Mir wëssen, dass mer bei den Dokterinnen der ëmmer méi hunn, déi net méi Lëtzebuerger sinn oder déi net hei zu Lëtzebuerg gebuer sinn oder op d'Welt komm sinn an duerno hei gelieft hunn, mee déi elo vun anere Plaze kommen, well mer net méi – pardon, wann ech dat elo esou krass soen – à même sinn, fir allequerten déi Leit op de Maart ze kréien.

An ech mengen, dass et do wichteg ass, dass mer hei zesummen als Politik dat néidegt Fundament schafen, dass a) och emol erëm Leit bereet sinn, dee Beruff ze léieren, an dass mer b) awer och mussen driwwer nodenken, wat fir eng Schwieregkeeten et gëtt.

Ech hunn zwar – dat si keng Pediatere gewiescht an och keng Gynecologen – vu Lëtzebuerger héieren, déi wollten zréckkommen hei an d'Land an déi sech du gemellt hu bei engem Spidol, well se e Beruff ausgeübt hunn, deen am operative Beräich war – an dat heescht, se mussen eng Konventioun fanne mat engem Spidol, fir do kënnen ze operéieren –, déi net ugehall gi sinn, déi duerno hei vir a Frankräich respektiv hei vir an Däitschland respektiv an der Belsch praktizéiert hunn, well hei zu Lëtzebuerg keng Plaz fir se ass.

An dann ass d'Diskussioun natierlech schwéier ze verstoën, dass et heescht: „Et si keng Lëtzebuerger méi do, déi Medezinn wëlle maachen“, well dat ware Leit, déi e medezinnesche Beruff ausgeübt hunn. Si hunn en och duerno am Ausland ausgeübt. Zwee vun deene sinn an Zwëschenzäit hei zu Lëtzebuerg zwar net akkreditéiert ginn, mee hunn e Spidol fonnt, wat se ugehall huet, a si hu sech och an Zwëschenzäit an deem Spidol eng grouss Renommee opgebaut.

Och dat ass eng Diskussioun, déi ee muss féieren. An do muss een och eng Diskussioun féieren net eleng mat der Politik, mee och mat deene jeeweilegen Haiser, déi Haiser, déi jo déi Doktere sief et unhuelen, sief et och refuséieren. Well ech mengen, et geet net



duer ze soen: „Mir brauche Leit, déi déi Beruffer solen ausüben“, a wann déi Leit wëllen zrëckkommen an hiert Heemechtsland, dass se dann erkläert kréien: „Nee, fir dech hu mer elo den Ament keng Plaz oder dech kënne mer hei net gebrauchen.“ Ech mengen, dat sinn Diskussiounen, déi ee muss féieren. An och dat ass e Problem, deen ee muss ugoen.

Dann ass en anere Punkt – an deen ass jo elo duerch déi Geschicht vun der Maternité erëm grouss an d'Actualitéit komm –, dat ass virun allem bei de Gebueren déi Geschicht mam Gebuertshaus. Heibanne sinn nach e bësse méi stänneg Kolleegen, déi wëssen nach, dass an de 60er-Joren an an de 50er-Jore ganz vill Leit nach a sougenannten ..., déizäit huet et net Gebuertshaiser geheescht, mee do waren der a villen Uertschaften hei am Land, déi da bei der Hiewamm op d'Welt komm sinn, a si sinn net an enger Maternité oder direkt an engem Spidol op d'Welt komm.

An dat war deemools eng Selbstverständlechkeet, dass et virun allem déi waren, wou se festgestallt hu während der Grossesse, dass se falsch géife leien oder a Schwierigkeete wieren, déi an der Maternité waren, an déi aner sinn da bei der Hiewamm oder op anere Plazen op d'Welt komm.

An ech mengen, dass och do déi Initiativ vun de Gebuertshaiser, déi elo erëm opkomm ass bei den Associatiounen vun den Hiewammen, eng Wichtigkeet huet, fir dat och ze ënnerstëtzen.

An déi hu jo selwer gesot ... Si waren eng Kéier op der Antenn vun enger bekannter Lëtzeburger Radiogesellschaft, déi all Moien um 8.10 Auer e Gaascht huet, wou déi Madamm nach eng Kéier ënnerstrach huet, dass et hinne an drëm geet, fir déi Leit kënnen ze betreie während hirer ganzer Schwangerschaft an dann och derbäi ze sinn, wann dat Kand op d'Welt kéim. An et wier selbstverständlech, wa se géife feststellen, dass et Schwierigkeete géif ginn, dass si dann och wësst, op déi Leit zrëckzegräifen, déi do géife gebraucht ginn.

An ech mengen, och dat kéint e Wee sinn, wou mer dee Problem net kënne léisen, mee wou mer dat awer kéinte förderen, fir dass och do déi künfteg Mammen oder d'Mamme vun haut eeben déi Hëllef an déi Ënnerstëtzung kréien, déi se brauchen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Här Spautz. An déi nächst agedroe Riednerin ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Madamm Presidentin, Kolleeginnen a Kolleegen, d'lescht Woch hunn ech vum Doud vun engem Kand gelies, dat bei der Gebuert mat Komplikatiounen gestuerwen ass, well kee Chirurg disponibel war, fir eng Césarienne duerchzeféieren! Dësen tragesche Fall ass hei an Europa geschitt, méi genee a Portugal. Opgrond vun akutem Personalmangel mussen do ëmmer nees Urgenzen an der Geriatrie, der Pédiatrie a vu Maternitéen zoumaachen, well se hir Patienten net méi versuerge kënnen.

Och hei bei eis huet d'Maternité zu Ettelbréck misse fir e puer Wochen hir Dieren zoumaachen, well kee Pédiater disponibel war, wat awer am Spidolsgesetz vun 2018 als Ufuerderung fir d'Maternitéen am Land festgeschriwwen war.

Bei eis ass zum Gléck kee Kand zu Schued komm. An awer waren d'Mammen erhéichtem Stress ausgesetzt, well d'Gebuert net wéi geplangt zu Ettelbréck stattfanne konnt, well et mat engem méi wäiten Déplacement verbonne war a well ee sech nach méi Suergen ëm d'Wuel vum Kand gemaach huet.

D'Penurie u Gesondheetspersonal erschwéiert awer net nëmmen d'Prise en charge u sech duerch manner Disponibilitéit an eng méi geréng Accessibilitéit, si huet och en Impakt op d'Qualitéit. Manner Personal bei gläichbleiwender Aarbechtslaascht bedeit méi Stress an Zäitmangel bei der Betreiuung vun de Patienten. Dat kann zu Iwwermiddung a Gereiztheet féieren an d'Aarbechtsklima negativ beaflossen. An dorënner leiden och d'Patienten.

De Personalmangel ass natierlech net nëmmen e Problem bei de Gynekologen a Pédiateren, mee d'Fermeture vun der Maternité alarméiert, well d'Liewe vu Mamm a Kand um Spill kënne stoen.

Aus dem Rapport vum Marie-Lise Lair vun 2019 geet dann och ervir, dass fënnf Kantone keng Offer u Fraendokteren hunn. Dorënner fale Miersch, Capellen, Réiden, Veianen a Clief. Gläichzäiteg bestoung an de Kantone Réiden, Veianen a Clief och keng Offer u Pédiateren. De ländleche Raum ass bei der Prise en charge duerch Fraen- a Kannerdokteren also kloer am Noedel.

De Personalmangel stellt déi gréissten Erausfuerderung fir d'medezinnesch Versuergung duer. Wa mir also och an Zukunft am ganze Land eng adequat a qualitativ héichwäerteg Gesondheetsversuergung wëlle garantéieren, da mussen mir d'Penurie konsequent ugoen.

Kolleeginnen a Kolleegen, 30 % vun de Lëtzeburger Studenten, déi am Ausland Medezinn studéieren, kommen nom Studium net méi zrëck op Lëtzebuerg. Well d'Studium ganz laang dauert, baue vill vun hinne e soziaalt Liewen am Ausland op, hunn do hire Frëndeskrees a grënnen och vläicht eng Famill. Wann dann d'Aarbechtsplaz interessant ass, zitt et net méi onbedéngt zrëck an d'Heemecht.

Den Ausbau vun der universitärer Offer u Medezinnstudie schéngt dowéinst evident. De Bachelor an der Allgemengmedezinn, der Neurologie an der Onkologie ginn dann och zanter dem Hierscht 2020 hei zu Lëtzebuerg ugebueden. Ee bedeidende Schratt, deen eist Land engersäits méi onofhängeg vum Ausland soll maachen an anerersäits och ee länneriwwergräifende Bäitrag bei der Ausbildung vun Doktere leescht.

Natierlech dierf een nieft den Dokteren d'Gesondheetspersonal net vergiessen. Ab 2023 wäerten dowéinst Bachelor-Studiegäng fir Infirmieren op der Uni Lëtzebuerg ugebueden ginn, dorënner fir d'Hiewammen an d'Infirmiers en pédiatrie.

Ech bleiwe kuerz bei den Hiewammen. Dës sollte generell eng gréisser Roll bei der Betreiuung vu schwangere Frae spillen. Am Januar 2021 krute si nei Kompetenzen zougesprach, virun allem bei der pre- a postnataler Begleitung. Esou kënnen d'Fraendokteren entlaascht ginn a sech op aner Behandlungen fokusséieren.

Och d'Iddi vun engem Gebuertshaus, déi ech schonn am Kader vun enger rezenter Question élargie iwwert de Rôle vun den Hiewammen ugeschwat hunn, sollt hei zu Lëtzebuerg weidergefouert ginn. Et gëtt nämlech ëmmer méi Fraen, déi sech ee méi intiimt a manner gestresst Ëmfeld bei der Gebuert wënschen. An esou e Gebuertshaus, dat a Proximitéit vun engem Spidol läit, fir de Fall, wou et zu Komplikatiounen kënnt, kéint och zu enger Entlaaschtung vun de Maternitéen bäidroen.

Madamm Presidentin, wa mir gären hätten, dass nees méi Dokteren, dont Gynekologen a Pédiateren, hei an d'Land schaffe kommen, da muss eise Gesondheitssystem generell méi attraktiv ginn. Méi kleng, dezentral Strukture kéinten hëllef, de ländleche Raum besser ze couvréieren. D'Digitaliséierung, wéi

zum Beispill d'Teleexpertis vum Service de néonatalogie aus dem CHL bei akute Fäll an der Maternité Ettelbréck, kann eng zousätzlech Sécherheet ginn. An natierlech mussen mir d'Garden an de Spideeler endlech anstänneg remuneréieren.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Un all dese Schrauwe mussen mir zesammen dréien, wa mir eng laangfristeg, eng performant a qualitativ héichwäerteg Versuergung vu Fraen an hire Kanner garantéieren wëllen. Ettelbréck dierf sech net widderhuelen!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hartmann. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Merci, Här President. Madamm Minister, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, et gëtt Schrëtt am Liewen, bei deenen ee sech dee Moment, wou ee se mécht, net ëmmer bewosst ass, wéi eng Auswierkung se nach méi spéit op ee selwer wäerten hunn. De Choix vun engem Vertrauensdokter oder Vertrauensspezialist gehéiert sécherlech och do derzou. An dat zielt besonnesch fir all déi Dokteren, déi an der sougenannter „médecine primaire“ schaffen, deemno och de Pédiater, bei deem sech jonk Eltere mat hirem éischte Kand e Rendez-vous huelen, an natierlech awer och déi jonk Fra, déi eng éischt Consultatioun bei engem Gynekolog hält. A béide Fäll gëtt aus der Doktesch oder dem Dokter souzesoen e Partner, deen de Patient oder d'Patientin e gudden Deel vu sengem Liewen a ville schéinen an och manner schéine Situatiounen begleet wäert.

Do ass et natierlech wichteg, dass genuch där Spezialisten an deenen Domänen aktiv sinn. Mir wëssen allegueren, dass d'Unzuel un Dokteren, déi hei zu Lëtzebuerg praktizéieren, e Sujet ass, deen eis Kappzerbrieches mécht. Laut dem Statec ass d'Populatioun am Joer 2021 ëm genee 10.667 Awunner geklommen, eng Tendenz, déi mir, mat Ausnam vum Pandemiejoer 2020, och schonns an deene Jore virdru konnt observéieren. An all déi nei Leit, déi op Lëtzebuerg kommen, déi brauchen natierlech och eng gutt medezinnesch Betreiuung.

A laut den Zuelen, déi eis Gesondheetsministesch op eng rezent Question parlementaire vun den honorabelen Deputéierte Gilles Baum an André Bauler ginn huet, zielt Lëtzebuerg – Stand 31. Dezember 2021 – 114 aktiv Gynekologen an 124 aktiv Pédiateren. Vergläicht een dat dann awer mat där leschter Analys vun der Démographie médicale, déi d'ALEM, d'Associatioun vun de Lëtzeburger Medezinnstudenten, 2011 publizéiert huet, zielt Lëtzebuerg haut 37 Gynekologe méi wéi nach virun eelef Joer. Bei de Pédiateren sinn et der haut 74 méi. Dat ass an deenen zwee Fäll wuel eng Steigerung, mee, wéi gesot, eis Demografie wiest esou séier, dass déi Zuele leider och net duerginn.

Dat huet eis déi rezent temporär Fermeture vun der Maternité zu Ettelbréck gewisen, déi elo schonn e puermol hei ugeschwat gouf, well d'Presenz vu Pédiateren leider net méi konnt 24 Stonnen op 24 a 7 Deeg op 7 garantéiert ginn.

Doropshin hunn och ganz séier eis Ministesch Paulette Lenert an de Minister Claude Haagen reagiert, fir esou eng Léisung ze fannen, déi d'Reouverture erméiglecht huet. Dat hu mir natierlech begréisst. Mee et bleift derbäi, dass weider Efforte mussen gemaach ginn, well d'Zuelen aus dem Rapport Lair, déi weisen, dass de Mangel un Dokteren generell an den nächste Joren riskéiert, nach méi akut ze ginn.

De Problem ass bekannt an e gött och ugepaakt. Léiungswëer gött et der eng Rei an d'Palette geet vun engem Ausbau vum Medezinnstudium zu Lëtzebuerg bis zu enger ugemossener Remuneration, wat d'Garden ubelaangt.

Do dernieft ass och virun e puer Wochen de Projet de loi 8013 vun der Gesondheitsministesch deposéiert ginn, deen et eisen Dokter an de Professionnels de santé wäert erlaben, sech ze associéieren an eege Gesellschaften ze grënnen. Zum Beispill kënnen dann an engem Cabinet vun e puer Dokter an Infirmië schaff. Dese Projet ass deemno eng direkt Äntwert op de Manktem un Dokter, well en d'Schaffen an enger Ekip – wat jo grad vill jonk Doktere froen – vill méi attraktiv wäert gestalten. Mee et ass och eng indirekt Hëllef, well doduerch, dass méi Infirmië an Infirmië an esou Zentere schaff, wäert och en Deel Laascht vun de Schëllere vun den Doktere geholl ginn.

Fir eis als LSAP gött et awer och nach eng zousätzlech Pist, wéi een d'Primärmedezinn, spezifesch am Beräich Pédiatrie a Gynekologie, kéint stäerken. An hei zwee Beispiller, déi net nei sinn an déi zum Deel och schonn ugeschwat goufen.

D'ANIL, d'Associatioun vun den Infirmië an Infirmiëren zu Lëtzebuerg, dreift d'Konzept vum Community Health Nursing weider. Do geet et drëms, dass eng Infirmië am Dëngscht vun enger gewëssener Communautéit steet. Dat kann eng kleng Regioun, eng Gemeng oder awer e Quartier vun enger Stad sinn. Si ass do eng éischt Ulafstell fir all Zort vu gesondheetleche Probleemer. Si kann d'Leit guidéieren a si schafft och ganz enk mat de lokalen Dokter zesummen. Bei klengen Probleemer ka si selwer agraifen an esou och hëllef, d'Primärmedezinn, zu deene jo och d'Pédiatere gehéieren, aus der Émgéigend ze entlaaschten. Dat ass, muss ech soen, e Konzept, dat eis als LSAP wierklech sympathesch ass.

D'Zäit leeft mer fort, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, dofir kommen ech net nach eng Kéier in extenso op d'Geburtsstaus zrëck, wat fir eis och e ganz flotten an e ganz bemierkenswäerte Modell ass, déi Plaz, déi an der Reegel jo vun den Hiewamme geréiert gött an déi et de Fraen erlaabt, hire Bëbe a méi engem intime Kader op d'Welt ze setzen.

Zum Ofschloss sief gesot, dass dat heite Piste sinn, déi alternativ Méiglechkeete fir d'Patienten duerstellen. Nieft all de Virdeeler fir d'Patienten, déi sech op déi Offer aloossen – sief et déi vun der Community Nurse oder déi vum Geburtsstaus –, bréngen des Modeller och sécher eng Entlaaschung fir déi betraffen Dokter, wéi ech gesot hunn. An och dat ass noutwendeg, fir der Problematik entgéintzewierken. An dofir sollte se eis méi wéi nëmmen eng kleng Iwwerleeung wäert sinn.

Merci fir d'Nolauschten.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Mamm Hemmen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Hansen (déi gréng) |** Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt wéilt ech de Kolleeg vun de Piraten Merci soe fir d'Ufro vun deser Heur d'actualité zum Thema Pédiateren a Gynekologen, en Thema, dat duerch d'Zoumaache vun der Maternité vun Ettelbréck an der Léisung, déi fonnt ginn ass, weist, dass mer an enger Urgence sinn.

De Problem war, dass, duerch e Manktem u Pédiateren a besonnesch un Neonatologen, d'Garden zu Ettelbréck an der Maternité net konnten esou

assuméiert ginn, wéi dat laut Gesetz eigentlech virgesinn ass. D'Anästhesisten, déi awer keng neonatologesch Ausbildung hunn, wollten d'Responsabilitéit vun enger illegaler Situatioun, déi schonn zanter Laangem bekannt war a wou keng Léisung a Siicht war, net méi droen an hunn decidéiert, keng an hiren Aen illegal Akte méi ze maachen. Doduerch konnte keng Accouchement méi gemaach ginn, mat all de Konsequenzen, déi dat mat sech bruecht huet an déi mer aus der Press kennen.

D'Erkenntnis aus där entstanener Situatioun ass, dass d'Necessitéit vun enger Maternité zu Ettelbréck absolut evident ass. Ze mengen, d'schwanger Frae kéinten am Fall vun engem Accouchement bis an d'Stad fueren, ass illusoresch. Fir d'Patientinnen aus dem Norden ass dat ze wäit a schafft just Stress an Angscht, wat sécherlech kee positiven Effekt op Accouchement huet.

**Une voix | Très bien!**

**M. Marc Hansen (déi gréng) |** Als déi gréng begrësse mer duerfir, dass eng gutt Léisung am Dialog mat alle Betreffene fonnt ginn ass, och wann d'Situatioun fir d'Éischt eskaléiert ass. D'Léisung vun Ettelbréck weist, dass d'Schafe vu Synergien tëscht de Spideeler, tëscht de Spezialitéiten, mee och mat anere Gesondheitsberuffer, mat gläichzäiteger cibléierter Formatioun, eng vun de Léisunge ka sinn, fir der Penurie am Gesondheits- a Flegesecteur entgéintzewierken.

Am Fall vun der Maternité spillen och d'Hiewammen eng wichteg Roll. Wéi verschidde Virriedner et schonn ugeschwat hunn, kéint e Gebuertsstaus och hei eng sénnvoll Synergie bidden, fir d'Maternitéen ze entlaaschten an och de werdende Mamm méi eng relax Émgéigend ze schafen, fir eebe kënnen ze accouchéieren.

Dir Dammen an Härren, de Problem vum Personal-mangel ass laang bekannt a krut schonn 2019 mam Rapport Lair déi iwwerfällg Bestätegung schwaarz op wäiss. D'Fro ass also: Wéi kréie mer méi Pédiateren a Gynekologen op Lëtzebuerg, wëssend, dass vill Studenten, déi am Ausland studéieren, do bleiwen? Mir mussen méi Leit motivéiert kréien, op de Wee vum Medezinnstudium ze goen! Duerfir ass et wichteg, zu Lëtzebuerg d'medezinnesch Formatioun op der Uni ëmmer méi auszeweiden, mam klengen Zil, de Bachelor, de Master an déi Spezialitéiten unzibidden, déi dréngend gebraucht ginn.

Dat ass net just eng Fro, wéi d'Uni sech soll strateegesch entwéckelen. Et ass virun allem eng Fro vu Santé publique a vun der Oprechterhaltung vun der medezinnescher Prise en charge vun eiser Populatioun.

A ville Beräicher gött et engagéiert Medezinner, déi bereet sinn ze hëllef, eng Formatioun opzebauen, och well et ëmmer méi schwéier gött, Studenten zu Lëtzebuerg an de Stage ze kréien, e wichtige Schrëtt, fir dass se herno op Lëtzebuerg schaffe kommen.

Onverständlech ass et dann awer, dass op d'Question parlementaire 6107 vum Josée Lorsché a mir geäntwert gött, dass d'Formatioun fir Psychiateren, och wann dat elo haut net den Thema ass, eréischt am Plan quadriennal 2026-2029 analyséiert soll ginn. Dat fanne mer problematesch. D'Psychiateren, déi eng offiziell Demande gemaach hunn, sinn elo prett, an och d'Psychiateren ginn urgent gebraucht. Mat deser Approche wier fréistens 2032 mat enger éischter Promotioun Psychiateren ze rechnen.

Bei de Pédiateren ass eng änlech Urgence. Wann et ëmmer méi schwéier gött, iwwer eng Formatioun am Ausland déi néideg Dokter an d'Land ze kréien,

da mussen mer d'Formatioun hei organiséieren, besonnesch wa motivéiert Leit am Startblock stinn.

Och wa vill am Beräich Formatioun am Gesondheitsberäich gemaach gött, feelt fir déi gréng e Masterplang an der Formatioun, deen eng Verbesserung vun der Situatioun virzeechent.

Zousätzlech muss och d'Émfeld zu Lëtzebuerg stëmmen, d'Qualitéit vum Aarbechtsëmfeld, dat finanziell Émfeld, mee och ëmmer méi d'Work-Life-Balance.

D'Gardé sinn do och e Problem. Hei ass eng grondleeënd Analys néideg, wou op verschidde Froen mussen Äntwerte fonnt ginn. Wie muss d'Gardé maachen? A wéi enge Services? Wéi oft? A wéi sollen d'Kompensationen fir Dokter, déi Gardé maachen, ausgesinn?

E leschten, awer net onweesentleche Punkt, fir d'Attraktivitéit vun de Pédiateren an de Gynekologen ze verbessern, wat och Spezialitéiten sinn, déi mat Plainté konfrontéiert sinn, ass dee vum Fonds d'indemnisation de l'aléa thérapeutique, deen e Patient fir e Schued entschiedegt, deen ouni medezinnesche Feeler vum Dokter entstanen ass a gläichzäiteg dem Dokter eng Ofsécherung gött. Dese Fong ass schonn zanter Joren an der Diskussioun.

Duerfir meng Fro un d'Mamm Gesondheitsministesch, wou de Fonds d'indemnisation de l'aléa thérapeutique, deen och am Koalitionsaccord steet, drun ass.

Ech soe Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Hansen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen (ADR) |** Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken en häerzleche Merci de Piraten, déi des Aktualitéitsstonn ugefrot hunn. Ugangs Abrëll hat e Manktem u Pédiateren derzou gefouert, dass d'Maternité zu Ettelbréck temporaire huet missen zoumaachen. Iwwerraschend kumt dat schonn dobaussen, an awer war gewosst, dass zanter dem Enn vum Joer 2014 d'Kannerdokteren net nëmmen am Norde vum Land op deen Noutstand vun der kannerärztlecher Versuergung zu Lëtzebuerg higewisen hunn.

Deemools hunn déi Responsabel iwwerdeems och op déi ganz problematesch rechtlech Situatioun higewisen, an där sech grad och d'Anästhesiste befannen, wa si pédiatresch neonatologesch Dëngschter assuriéieren müssen.

Et muss eng grondsätzlech Léisung fonnt ginn, wéi ee kann d'Gebueren an d'Versuergung vun den neigebuerene Kanner ronderëm d'Auer mat spezialiséiertem Fachpersonal sécherstellen. Et ass bekannt, dass e Manktem u Pédiateren, déi eng zousätzlech Formatioun fir Reanimatioun vun den Neigebuerenen hunn, an Dokter an der Neonatologie besteet.

Et ass néideg, dass elo séier legiferéiert gött an d'Spildolgesetz esou ugepasst gött, dass d'Garden an de Bereitschaftsdëngscht esou remuneréiert ginn, dass d'Spezialisten hiren Ausfall an der Praxis korrekt kompenséiert kréien, souwuel fir déi Deeg, déi si an der Klinik mussen schaffen respektiv disponibel sinn, wéi och fir déi 24 Stonnen no deem Dag.

De Gesondheitsministère soll och mam Accord vun den Dokter Zuelen op den Dësch leeën, wat et géif kaschten, fir d'Garde 24 Stonnen op 24 a 7 Deeg op 7 flächendeckend am Land ze garantéieren a korrekt ze bezuelen.



Politik a Budget sinn eng Fro vu Prioritéiten. A fir d'ADR huet d'Gesondheet vun den Awunner zu Lëtzebuerg Prioritéit géintwuer anere Saachen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Et muss een och feststellen, datt et hei am Land ëmmer méi schwéier gëtt, fir Gynekologen a Pédiatere ze fannen. D'Waardezäite fir d'Patiente ginn ëmmer méi laang. A besonnesch am ländleche Raum entwéckelt sech eng Penurie, wouduerch et zu engem Ongläichgewicht mam Ballungszentrum Stad kënnt. Dee selwechte Phenomeen vun Ongläichheet hu mer och bei de Spezialisten. Praktesch bal an alle Fachrichtungen hu mer an der Stad eleng esou vill Doktere wéi iwwer d'Land verdeelt. De Problem vun Zoumaache vun där enger oder anerer Spezialisatioun an diverse Kliniken uechtert d'Land wäert sech fréier oder spéider stellen – ech hoffen zwar net –, wann an der Stad och dës Geformanner grouss ass wéi iwwer Land.

Et muss ee sech och froen: War dat zäitweest Zoumaache vun der Ettelbrécker Maternité nëmme d'Spëtzt vum Äisbierg? A wat kënnt nach no?

De klaseschen Dokter vu fréier, dee vu moies bis owes fir seng Patienten do war, gëtt et net méi. Et gëtt och ëmmer manner Dokteren, wann een et mat der Awunnerzuel vergläicht. An deem Trend wäert sech fortsetzen. En plus ass d'Alterspyramid bei den Dokteren zimmlech héich.

Et muss een och feststellen, wann ee mat de Leit do-bausse schwätzt, datt vill vun hinne mat der allgemenger Gesondheetsversuergung am ländleche Raum net méi ganz zefridde sinn. Dat héiert ee kloer vun alle Säiten. Et wär och wichteg, deene Beträffenen nozelauschteren.

Opground vun dëser Feststellung, misst een net eise Gesondheetssystem mat alle Problemer vu baussen analyséieren? An de Spideeler misst een onofhängegen externen Audit gemaach ginn, soss lafe mer Gefor, datt mer an Zukunft net méi genuch Dokteren hunn.

Et muss een heiansdo, esou wéi am private Liewen och, stoe bleiwen an eng Analys maachen, ob een nach um richtege Wee ass. Wann een um richtege Wee ass, tant mieux, da brauch een nëmme virunzufueren. Mee et soll een awer vun Zäit zu Zäit och sech selwer a Fro stellen.

Dee strammen demografesche Wuesstum verlaangt, datt och d'Personalstruktur am Gesondheitsberäich andauernd muss evaluéiert an ugepasst ginn. D'Spidolsgesetz – et ass jo nach net esou al – misst deemno op de Leescht geholl ginn, well fir déi Erausforderung ze meeschteren, mengen ech, muss do nach dat eent oder anert änneren.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Engelen. An de leschten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Merci och de Piraten fir dës Heure d'actualité, déi jo ganz complémentaire ass mat eiser vun duerno.

Jo, spéitstens säit der Schléissung vun der Maternité zu Ettelbréck wéinst Personalmangel wësse mer, dass et bei der Prise en charge vu Fraen a vu Persounen mat engem Uterus a vu Kanner esou zimmlech happert.

Accouchement an engem Kontext vun der Urgence an der néideger Spezialisierung ze assuréieren, war wéinst Personalmangel zu Ettelbréck net méi

méiglech. Et sinn notament net genuch Dokteren an Dokteschen do, déi spezialiséiert sinn op Fréigebueren. E Pédiateer kann do laut Spidolsgesetz net asprangen, well deen net déi néideg Formatioun huet. Dowéinst huet d'Maternité missen zoumaachen. Dat heescht, entweeder et muss een deen Aspekt am Spidolsgesetz änneren goen oder et muss een de Pédiatere d'Méiglechkeet vun enger spezialisierter Weiterbildung ginn.

D'Schléissung vun der Maternité zu Ettelbréck war effektiv dramatesch, an et sinn eigentlech éischter Biller, déi ee vläicht kennt aus engem sougenannten „Entwécklungsland“ – wat och do ganz schlëmm ass –, mee net vu Lëtzebuerg u sech.

Anerersäits, mat der Rentabilitéitslogik, déi de Fonctionnement vun de Spideeler reegelt, wonnert et keen, datt op eemol verschidde spezialiséiert Agrëffer, notament wat Fréigebueren ubelaangt, net méi kënne stattfannen. Et gouf dann och beim Material a bei de Better gespuert. An eiser rezenten Heure d'actualité iwwert de Mangel u Bettercher fir „Frühchen“ hu mer dat jo och beklot, an d'Konsequenzen dovun op Transferte vun héichschwängere Fraen, déi riskéieren ze accouchéieren, déi hu mer jo laang a breet thematiséiert.

Dat mat der Penurie vun Dokteren ass scho laang bekannt. An deem Beräich deet sech awer immens wéineg. Mir hunn engersäits ultraspezialiséiert Medezinn a Medezinner an Hightechmaterial, mee dat concernéiert just verschidde Beruffer: déi lukrativst.

Wat elo d'Penurie ugeet, ass d'Gebuertshaus hei schonn ugeschwat ginn – dofir ginn ech elo net weider drop an – als Alternativ, fir d'Maternitéen ze entlaaschten. Ech wäert duerno an eiser Heure d'actualité och nach eng Kéier dorop zrëckkommen. D'Gesondheet vu Fraen a Leit mat Uterus gehéiert wuel net zu de lukrativste Beräicher.

Soit, et ass effektiv eng Péng, hautzudaags e Gyneko ze fannen, dee keng Moral priedegt, deen net sexistesch ass an et erméiglecht, a kuerzer Zäit e Rendez-vous ze kréien. Vill Gynekoen hu sech entre-temps op Schwangerschaftskontrolle fokaliséiert an huelen och keng weider Clientèle un.

(Brouhaha)

Ech héieren hei Männerstëmmen – ech froe mech, wat si vun Expertis an deem Beräich hunn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Fir eng einfach Kontroll als Persoun, déi net schwanger ass, dauert et oft laang, fir e Rendez-vous ze kréien, och wann ee scho säit Jore beim selwechten Dokter oder bei där selwechter Doktesch ass.

Eppes, wat zu der Perpetuatioun vun de Violences gynécologiques et obstétricales bäidréit, ass genee dee Manktum u Personal och bei de Gynekoen. Et héiert ee vill Temoignagë vu Leit, déi guer net zefridde si mat hirem Gyneko, mee déi dann awer Sexismus an aner Forme vu gynekologescher Gewalt iwwer sech ergoe loossen, well se wëssen, dass et schwéier ass, en aneren Dokter oder eng aner Doktesch ze fannen.

An ech bleiwen domat stoen, well mir fueren duerno weider an eiser Heure d'actualité. Merci villmools.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

## Prise de position du Gouvernement

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Merci, Här President. Wann ech dat héieren, sinn ech fir main Deel op alle Fall frou, a mengem Liewen ëmmer op gutt Gynekologe gefall ze sinn, déi verständnisvoll a respektvoll waren. Mee ech hunn awer en Ouer fir dat, wat ech héieren.

Et ass effektiv e Spagat ze maachen tëschent enger gudder Qualitéit, déi een ubitt, engem Maximum u Sécherheet fir Mamm a Kand an enger Offer, déi geografesch gutt verdeelt ass.

Zu Lëtzebuerg hate mer 2004 nach sechs Maternitéen mat 5.400 Passagen am Bloc d'accouchement. Dat ass zrëckgefuert ginn op véier Sitten an och reglementéiert ginn an deem Sënn. 2009 huet de Plan hospitalier national festgesat, dass mer nach véier spezialiséiert Servicer hu mat entsprecheuden Ufuerderungen, déi dann och nach eng Kéier 2018 am Spidolsgesetz festgesat gi sinn.

Et geet drëms, funktionell Lienen ze erstellen tëschent engem Service, wou Accouchement gemaach ginn, an enger Intensivstatioun engersäits, an och enger Neonatologie, déi muss virhande sinn. Dat sinn alles Exigencen. Jo, dat mécht et méi komplizéiert, mee et mécht et awer och méi sécher. Dat ass den Equilibre, dee muss fonnt ginn. Mir hunn och entre-temps dann eeben zwee Typen vu Maternitéen: En Typ 1 fir déi méi normal Accouchement, an den Typ 2, dat ass de CHL, wou da wierklech déi ganz spezialiséiert Servicer si fir déi méi rar Komplikatiounen, mat deem entsprecheuden Personal, wat muss virgesi sinn, mat och deenen Exigencen.

De Schlëssel fir Lëtzebuerg ass eng gutt Vernetzung tëscht den Etablissementen, tëscht den eenzelne Kliniken, mee och ausserhalb mat der Dokterschaft a mat den Hiewammen. Mir hu gesinn um Beispill vun Ettelbréck, wéi dat ka fonctionéieren, wou mer elo eng éischt Konventioun hu mat neie Moyenen, déi en place gesat gi sinn, mat Formatiounen, déi gemaach gi sinn, dat no engem Beispill vu Best Practices aus dem Ausland.

Lëtzebuerg ass net eleng mat där Problematik do. Ech weess net, ob der d'Geleeënheet hat, schonn e Bléck an d'Carte sanitaire ze geheien, déi rezent elo publizéiert ginn ass. Do gesäit een, dass mer och de Phenomeen hei am Land hunn, dass mer aus der Grenzregioun, grad um Niveau vun den Accouchementen, ëmmer méi Leit unzéien. Dat ass e rezente Phenomeen a bedeit natierlech e Méiopwand fir eis Spideeler. Et ass awer warscheinlech och d'Konsequenz vun engem Ofbauen u Better do an u Méiglechkeeten, fir eeben d'Fraen entgéintzuhuelen. Dat sinn natierlech Émstänn, deene mer mussen Rechnung droen. Dat sinn eis Assuréeen. Mir müssen déi Leit selbstverständlech hei ophuelen. Si cotisiéieren bei eis. Mee dat ass och en neie Moment, dat ass och eng Tendenz, déi een esou net kennt huet, déi sech wierklech iwwert déi lescht Joren zouspëtzet.

Mir hunn, wat elo d'Accouchementen ausserhalb vum Spidol betrëfft, wa mer 2018 kucken, eisen Donnéeën no 15 Accouchementen gehat, mat engem Trend an och enger Demande um Niveau vun den Hiewammen, fir dat ze férdere. Dat ass eng Pist, déi mer sécherlech och ginn. Et ass och an der Nomenclature elo dës Joer en Tarif virgesi ginn, fir den Acte technique ausserhalb vum Spidol fir den Accouchement céphalique extra-hospitalier. Alles dat si Schrëtt an déi Richtung.

Ech hunn elo och eng Entrevue virgesi mam Gebuertshaus nach virum Summer fir ze gesinn, wéi een déi Pist ka goen. Et dierf een natierlech ni aus den Ae verléieren, dass och e ganz normal geplangten

Accouchement ëmmer nach kann zu Komplikatiounen féieren. Och do ass dann erëm d'Vernetzung mam Spidol extrem wichteg, erëm eng Käier am Interessi vun der Gesondheet vun der Mamm a vum Kand, fir schnellstméiglech professionell en charge geholl ze ginn do, wou eebe justement déi spezialiséiert Servicer da gebraucht ginn, wa Komplikatiounen stattfannen.

Mir wäerte verstärkt u Konventiounen tëscht deene besteeënden Etablissementer schaffen, esou wéi mer et elo um Beispill Ettelbréck gesinn hunn. Dat ass e Modell, dee sech elo muss aroderéieren, dee sécher och kann ausgebaut ginn. D'Exigencen, déi mer hunn um Niveau vun der Qualitéit vum Service, mat enger verstärkter Presenz, mat verstärkter Garden, bedéngt natierlech och eng aner Organisatioun. Do, wou de Gynäkolog fréier seng Patientin suivéiert huet, hu mer elo am Spidol selwer eng Exigence vu Presenz, déi muss assuréiert ginn. Et muss eng strukturéiert Disponibilitéit assuréiert sinn. An dat bréngt eis zu der Problematik vun der Garden, wou ech ganz frou si kënnen ze soen, dass mer an der Regierung en Accord fonnt hunn, och vusäit vum Finanzministère, fir eis dat eppes kaschten ze loosse. Dat war jo elo laang net de Fall.

Mee do kann ech elo als Ressortminister soen, dass ech ganz konstruktiv Gespréicher konnt féieren an dass mer do zu engem Konsens komm sinn, fir op alle Fall mol prinzipiell Suen do zur Verfügung ze stellen. Déi Diskussiounen lafen, déi sinn en marge vum Gesondheitsdësch gelaf. Si sinn nach net clôturéiert, mee awer op enger gudder Bunn, géif ech emol soen. Vum Prinzip hier si mer eis allegueren, mengen ech, eens, dass dat, wat een exigéiert iwwert de Wee vum Gesetz – dass Leit disponibel sinn op Abruf -, och muss deementspreechend remuneréiert sinn. Dat wäert sécherlech derzou bäidroen, dat fir d'Dokterschaft erëm méi attraktiv ze maachen an de Spideeler. Well dat ass jo eppes Penibele, wann ee muss geruff ginn! Dat huet sécherlech och derzou bäigedroen, dass mer ëmmer manner Pediatere fanen, déi wëllen an de Spideeler schaffen, esou dass hei en éischte Schrëtt geholl ass.

Et ass richtig, dass mer eng Penurie hunn, grad och bei de Pediatere. An et ass och richtig, wéi den Här Spautz gesot huet – an dat si Geschichten, déi ech och ëmmer erëm héieren –, dass mer Dokterer hunn, déi hei wëlle schaffen, déi awer dann net ugeholl ginn. An da géif ech awer gären ënnersträichen, dass dat net just d'Spidol ass, wat do matschwätzt, mee virun allem och de Grupp vun de fräischaffenden Dokterer.

Déi Geschichten, déi mir zu Ouere kommen, do ass et eeben esou, dass och d'Gruppen net onbedéngt wëllen nei Leit mat ophuelen. Dat ass eppes, bon, wat ech, genau wéi Dir och, zougedroe kritt hunn. Jo, wann een de Kuch zu sechs deelt, ass dat en anert Stéck, wéi wann een zu fënnf deelt, zum Beispill. An et ass och en Zesummespill mat dem Spidol. Dat heescht, den Dokter muss ugeholl gi vum Spidol, an d'Spideeler maachen dat normalerweis am Konsens mat hire Gruppe vu fräischaffenden Dokterer. Si imposéieren deene keng Leit, soudass et ganz oft dowéinst ass, datt et da scheitert, wann esou Situatiounen sinn. Dat war op alle Fall an deenen zwee, dräi Fäll, déi mir zougedroe gi sinn, de Fall, wou d'Dokteren net der Meenung waren, dass do Zousatzbesoin wär fir nach anerer.

„Il y a à boire et à manger“ also an deem ganze Sujet. An et ass och eppes, wat eng grouss Prioritéit ass. D'Theema vun dem Ressourcëmangel ass e prioritäert Theema um Gesondheitsdësch, deem mer wäerten nogoen.

Dann de Service SAMU néonatal, deen ass schonn erwänt ginn. Och dat si Pisten, déi et erlaben, an eisem Land mat dach awer kuerzen Distanzen effikass kënnen virzegoen, wann een déi néideg Dotatiounen gëtt. Dat ass geschitt an deem heite Fall.

Mir hunn eise Service national Niveau 2, de CHL, wou d'Spezialiste sinn, ausgebaut. Et ass d'Iddi, dass mer do eng Kärekip hunn, héich spezialiséiert, déi am Noutfall kann erausfuere, a schnell erausfuere, wou virun der Dier wierklech e SAMU disponibel ass, deen direkt asazbereet ass. Dat sinn déi Pisten, op deene mer weider schaffen.

Och d'Ausbildung ass eng Pist. Mee et muss een natierlech och do wëssen, dass, wa mer wëlle Qualitéit ubidden op eiser dach nach jonker Uni, een net kann direkt vun 0 op 100 fuere an alles mateneen ubidden. Dofir sinn déi Pläng, fir dat lues a lues ufueren ze loosse. Och do ass d'Suerg, fir Lëtzebuerg attraktiv ze halen an eeben och als eng kompetent Uni ze positionéieren. A jo, do muss een och wueliwerluecht kucken, wéi ee wat opbaut, wéi eng Formatiounen een ubitt, net, dass et op eemol eeben un der Qualitéit vum Enseignement happert.

Voilà. Vill Wonnerléisungen hu mer net. D'Problemer si bekannt. Si sinn an den Aarbechtsgruppen, deels mat Solutiounen, déi schonn en place sinn, mat Léisungen, déi geschwé wäerten en place sinn um Niveau vun der Garden, mat Promotiounscampagnen, déi och wäerten ulafen, soudass mer hoffen, dass mer do an deenen nächste Joren erëm kënnen méi schnell virukommen, wéi dat vläicht elo während der Pandemie de Fall war.

Dat selwecht gëllt fir de Fonds d'indemnisation vum Aléa thérapeutique, deen ugeschwat ginn ass. Dee steet wuel am Regierungsprogramm, ass och notéiert bei eis op der To-do-Lëscht, mee ass mat enger Rei anere Saachen natierlech e bëssen a Verzug komm iwwert déi lescht zwee Joer. Dat konnt net ausbleiwen. Voilà.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Gesondheitsministesch. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

## 7. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet des violences gynécologiques et obstétricales

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng weider Aktualitéitsstonn iwwert d'gynekologesche Gewalt, déi d'politische Sensibilitéit déi Lénk ugefrot huet. An ech géif direkt der Madamm Nathalie Oberweis als Vertrieederin vun der politischer Sensibilitéit déi Lénk d'Wuert ginn. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. „Et ass“, an ech zitieren do eng Hiewamm, mat där ech rieds hat fir dës Heure d'actualité, „Alldag. Mir si säit Joren dru gewinnt. Säit Joerzénge an säit Joerhonnerte kréie mer gesot: „Bäiss op d'Zänn! Dat gehéiert derzou. Et ass net schéin, mee et ass esou. Wat wichteg ass, ass, dass et dem Bëbe gutt geet! Oder nach: „Denk net méi drun!“

Jo, et ass en Tabu. Eis Mammen hunn net vill driwwer geschwat, mee eis Generatioun fänkt un, driwwer ze schwätzen.

Här President, dës Debatt ass net géint Hiewammen an och net géint Gynekologe geriicht oder aner Dokterer. Si maachen hir Aarbecht, esou gleewen ech et, no beschtem Wëssen a Gewëssen. Et ass eng

strukturell kritesch Approche, déi mer adoptéiert hunn, a mir positionéieren eis fir eng oppen an tabulos Diskussioun a fir en Afrostelle vu Praktiken, Gewunnechten a Routinnen a fir eng bewosst a mënschlech Approche vun der Patientin, zentréiert op d'Fra oder op d'Persoun mat engem Uterus.

Meng Referenzen – an dat, wat ech hei wäert soen, ass net just meng Meenung – sinn d'Konventioun vun Istanbul vun 2011, d'Recommandatiounen vun der Weltgesundheitsorganisatioun vun 2018, de Rapport vum Haut conseil à l'égalité entre les femmes et les hommes aus Frankräich vun 2018, d'Deklaratioun vun der UNO vun 2019, dass d'Staate sech sollen engagéieren géint d'Gewalt géint Fraen, Moosnamen ergräifen a Gesetzer stëmmen, fir d'Gewalt ze prevenéieren an ze bekämpfen, d'Resolutioun vun 2019 vum Conseil de l'Europe, déi eng Definitioun an eng Unerkennung vum Phänomeen Violence obstétricale et gynécologique gëtt, a finalement nach d'Recommandatiounen vun eisem Conseil scientifique vun deem Joer.

Wat sinn da Violences gynécologiques et obstétricales? Well effektiv ass dat dacks net onbedéngt gewosst.

Et si Praktiken an Agrëffer ouni Accord, ouni Informatioun an déi net gefrot sinn. Et sinn Agrëffer, déi net onbedéngt medezinnesch néideg sinn, onnéideg Interventiounen a Medikamenter, onnéideg an iwwerflësseg gewaltvoll an erniddregend verbal Remarken.

Et ass physisch Gewalt, mee et ass och psychesch Gewalt. Dacks versteet ee jo ënner Gewalt éischer physisch Gewalt an ech mengen, et ass och dowéinst, wou dës Sujet eventuell Verschiddener kéint schockéieren. Mee mir wëssen haut, dass Gewalt net just physisch, mee och psychesch, emotional a verbal ass a verschidden Degréen huet. An dofir, wéi gesot: Et ass physisch a psychesch.

A wat een elo konkret kann drënner verstoen ... an ech géif et gären u konkreete Situatiounen festmaachen, fir och ze visualiséieren, wat dat ass oder wat et ka sinn. Et sinn, wéi gesot, medezinnesch Interventiounen, zum Beispill, ouni Informatiounen, ouni Averstännis.

Als Beispill sinn dat: vaginal Ënnersichungen als Routinn, ouni Opklärung an Averstännis; mechanesch Agrëffer wéi zum Beispill bei enger Gebuert mat enger Ventouse, ouni Opklärung an Averstännis; de Kristeller-Manöver als Routinn, ouni Informatioun an Averstännis. De Kristeller-Manöver ass, wann de Bëbe soll erauskommen, an den Dokter oder d'Hiewamm zum Beispill mam Teilebou op de Bauch dréckt, fir dass e soll erausgedréckt ginn. Damschnëtt och zum Beispill, ouni Informatioun an Averstännis. Alles dat si relativ routiniséiert Praktiken, vun deenen ee ganz vill héiert a ganz vill liest.

Et ass awer och zum Beispill d'Verweigerung vun Alternativen, zum Beispill kee wierkleche Choix bei Gebuertspositionen oder e Choix, deen opgedrängt gëtt, wéi zum Beispill d'Peridurale. An ech mengen, do gëtt et och ganz vill Temoignagë vu Fraen. A mir wëssen, Fraen, déi accouchéieren, sinn extrem vulnerabel an do kritt ee schnell eppes opgedrängt an et ass een net onbedéngt ëmmer capabel, sech ze wiere respektiv seng Positioun a säi Wëllen auszedrécken.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Et ass och zum Beispill d'Verweigerung vun der Beweegungsfräiheet.

Dann zu der verbaler Gewalt oder dem Drock kann ech och e puer Beispill ginn, Zitat: „Dann dréck dach elo!“, „Gëff der Méi!“ oder: „Jäit net esou!“ Oder grad och, kee Wuert ze soen oder keng Wierder ze



soen. Ech mengen, et ass wichteg, dass mer dat och konkret festmaachen, wat dat ka sinn.

Mat dem Drock kënt natierlech och e Gefill vu Schimmt mat. Et schimmt ee sech, well ee vläicht eeben net genuch gedréckt huet oder den Erwaardungen net genuch entsprécht. Jo, ech mengen, do kënt e Gefill vu Schimmt mat an och Emotiounen, déi ee vläicht net ka kontrolléieren, oder de Kierper, deen een och net kontrolléiert. An domadder kënt och e Gefill vu Culpabilitéit, wat net ze ënnerschätzen ass. Also, wéi gesot, déi Gewalt ass net onbedéngt ze verharmlosen.

Strukturell Ursachen, déi mir gesinn zu dëse Violencen – wat ee Violencen nennt, ech si virdu drop aganghen, ass ënner anerem dat, wat mer virdu ugeschwat hunn –: de Personalangel an den Zäitdrock, dee besteet. A wien Zäitmangel seet, seet och weéng Zäit fir ze kommunizéieren.

Ech hu mat Fachpersonal geschwat, déi mer och soten, dass ee mat enger besserer Kommunikatioun och scho ganz vill Problemer kéint effektiv léisen, well – wéi ech virdu gesot hunn – ganz dacks ass et eeben och de Fait, ze erklären an d'Averständnis anzehuelen. An de Fait, dass een net genuch Zäit huet, fir ze schwätzen an ze erklären an d'Averständnis ze huelen, mécht, dass et als Gewalt empfongt gëtt.

Et ass dann och esou, dass mer keng Donnéeën iwwert de Problem hunn. An do wou et keng Donnéeën gëtt, gëtt et och kee Problem. Dat wësse mer. Do gëtt et kee Phenomeen.

D'Formatioun vun de medezinnesche Beruffer leet dann och ganz vill Wäert – an zu Recht – op technesch Aspekter an Interventiounen, mee net ëmmer genuch op déi méischlech Relatiounen an de Respekt vun de Patienterechter.

Eng aner Ursach ass méi eng déifgräifend Ursach: Dat ass eventuell den hierarchesche System hannendrun. An do géif ech gären de Rapport vum Haut Conseil à l'égalité entre les femmes et les hommes aus Frankräich vun 2018 zitieren, dee seet, dass dës Form vu Violencen och zréckgeet op den Urwëllen, de Kierper vun de Fraen ze kontrolléieren. An do si mer sécherlech bei méi déif verankerten, historesch gewuessene Pratiiken, Usichten, Gewunnechten an Denkscheemen, déi aus dem patriarcale System eraus ëmmer erëm entstinn, och wa mer déi net direkt esou gesinn, well mer dee Brëll vläicht net unhunn, fir déi esou ze liesen.

Da géif ech ganz gären och Temoignagë vu Fraen a Persounen mat engem Uterus zitieren, déi eeben Affer ware vun esou Iwwergrëffer, well eebe ganz dacks esou Temoignagë guer net un d'Licht kommen, och fir dat nach eng Keier ze verbildlechen. Ech liesen dann hei een Temoignage vir:

„Lors de la phase finale de mon accouchement, ma gynécologue a demandé à la sage-femme d'appuyer sur mon ventre“, dat ass de Manoeuvre de Kristeller, „pour forcer l'expulsion. S'ensuivit un conflit ouvert entre les deux, car la sage-femme a refusé net de le faire, protestant que cela faisait des années qu'elle avait arrêté de le faire. Je me suis sentie pétrifiée et impuissante, ne comprenant pas ce qui se passait. Peu de minutes plus tard, mon fils est né. Alors qu'il venait d'être posé sur ma poitrine, la sage-femme partit en courant avec lui aux urgences. Il ne respirait pas. Il était bleu. 25 minutes ... 30 minutes ... Ma gynécologue me recousait en silence, alors que je regardais l'heure passer. Aucune empathie, aucun mot rassurant, le silence le plus complet accompagnait chaque seconde.“

Dat ass elo een Temoignage, an ech mengen, där gëtt et der relativ vill. Ech zitieren aner Temoignagen:

„Während menger Gebuert hunn ech mech muechtlos gefüllt, onnätzlech.“

„Ech hu mech geläimt gefüllt. Ech krut eng Peridurale, obwuel ech ni eng wollt. Ech krut kënschtlechen Oxytocin, obwuel ech dëst ni wollt.“

„Ech hätt gebraucht, dass ee fir mech do wier, dass ee mir nogelauschert hätt.“

„J'ai manqué d'humanité, j'ai manqué de présence humaine, j'aurais aimé plus d'humanité.“

Esou vill zu den Temoignagen. Ech mengen, wat ee hei kann erausliesen, ass de Fait, dass vill Fraen entmündegt ginn an och u sech hir Würde wierklech e weéng ewechgeholl gëtt bei der Gebuertshëllef.

Da géif ech gären ... Dat hei ware jo elo wierklech och subjektiv Temoignagen. Ech mengen, dat ass kloer. Et seet awer eppes iwwert de Phenomeen aus an et verbildlecht och, et konkretiséiert de Phenomeen. Da géif ech gären op d'Zuelen agoen. Do ass eeben och dann de Problem, dass mer net vill Zuelen hunn.

Mee ech wëll elo hei kuerz soen: Déi Zuelen, déi ech dann hunn, déi sinn aus enger internationaler Ëmfro, déi am „Lancet“ publizéiert gouf, elo viru Kuerzem am Februar dëst Joer, a wou Lëtzebuerg mat Deel ass, an awer och aus dem sougenannte SUSANA-Rapport, wou déi lescht Zuele vun 2016 sinn. Do steet och e bëssen eppes iwwer Gewalt dran. Wéi gesot, mir hunn net vill Zuelen. Et gëtt nämlech keng systematesch Erhiewung vun den Donnéeën, net bei der Gewalt ënnert der Gebuert an och net bei gynekologescher Gewalt.

De Problem ass natierlech och, dass vill Fraen a gebärend Mamm sech der Gewalt guer net bewusst sinn. Vill mengen, dass dat eeben esou wier. Dat huet jo Gewalt och esou u sech, dass d'Affer sech, éischens, der Gewalt net bewusst sinn, well esou e Glissement lues a lues e Glissement gëtt, an, zweetens, Fraen, déi Gewalt erlieft hunn, sech net bekloen, keng Plainte eraginn, well se sech dacks schummen an e Scholdgefill hunn an net méi wëllen un en traumatesche Moment denken.

Et gëtt awer eng Ëmfro am internationale Verglach, an dat ass déi, déi ech elo virdu genannt hunn am „Lancet“, déi eeben dann ... Dozou wollt ech e puer Saache soen: Éischens, eppes Positives, an zwar, dass Lëtzebuerg ganz gutt ofschneit bei allem, wat d'Relatiounen ugeet tëscht Mamm a Bëbee. Also ganz dacks gëtt de Bëbee direkt ugeluecht; dat nennt een da „peau à peau“. Och beim Stëllen a bei dem Rooming-in schneide mer gutt of.

Mee mir schneiden net gutt of bei allem, wat d'Kommunikatioun ugeet, wéi ech virdu scho gesot hunn, well et weéng Zäit gëtt, fir ze informéieren an ze erklären.

Dann ass et och esou, dass mer extreem vill intervenéieren a medikaliséieren. Do hu mer Zuelen: 31 % vun de Fraen, déi eng instrumentaliséiert Gebuert hunn, also zum Beispill esou eng Gebuert mat enger Ventouse, kréien esou ee Manoeuvre de Kristeller gemaach, also een Drëttel vun de Fraen, woubäi mer wëssen, dass dëse Manöver extreem geféierlech ka sinn an immens ëmstridden ass an a verschiddene Länner carrement verbueden ass. Een Drëttel vun de Fraen! An et ass net gewosst, wéi vill Frae bei enger net instrumentaliséierter Gebuert esou ee Manöver gemaach kréien. Mee et kann een dovunner ausgoen, dass deen och relativ héich ass.

Mir hunn och en immens héijen Taux vun instrumental assistéierter Gebuerten: 16 %, woubäi d'Moyenne an där Ëmfro 10 % ass. Och dat ass relativ héich, also zum Beispill d'Ventouse, fir de Bëbee erauszehuelen.

An nach eng aner Zuel, déi och zimmlech schockant ass, ass, dass 42 % vun de Befroten net gefrot gi sinn, éier eng vaginal Ënnersichung gemaach gouf. Also 42 %, dat ass wierklech immens héich an zimmlech schockéierend!

An dann d'Episiotomie, also den Dammschnëtt, do hu mer déi lescht Zuelen aus deem SUSANA-Rapport vun 2016, dee jo elo och scho méi al ass, mee och do si se relativ héich, tëscht 22 a 25 %. Ech konnt d'Zuel net kloer erausliesen, mee och do hu mer e relativ héijen Taux, also och do eng héich Instrumentaliséierung a Medikaliséierung.

D'Konsequenze sinn dramatesch, ech mengen, ech brauch et bal net ze soen. D'Fraen heibannen, mengen ech, wëssen, dass d'Konsequenze vun esou traumateschen Erlefnisser Selbstvertrauensverloscht sinn, Scholdzouweisungen, posttraumatesche Stress, och Angscht, bei den Dokter ze goe respektiv eng Errance médicale ze maachen an net méi bei den Dokter ze goen, Schwieregkeeten an der Relatioun mam Bëbee a mam Partner an op der Aarbecht an esou weider.

De Conseil scientifique vun dem Domaine de la santé, deen ech virdu genannt hunn, huet dann och Recommendationen erausginn. An dat wäeren elo meng lescht Punkten, wou ech op meng Motiounen aginn. Déi Recommendationen vum Conseil scientifique – ech froe mech: Wéi gëtt garantéiert, dass dës Recommendationen respektéiert ginn? Kontrolléiert een dat? Dann ass et jo och esou, dass mer, wéi ech gesot hunn, keng systematesch Donnéeën hunn. An do géif ech eng Motioun eraginn, fir systematesch Donnéeën, zum Beispill op Basis vun enger Enquête, ze erhiewen.

Da proposéiere mer des Weideren, och net binär Persounen mat engem Uterus an dës Enquêtes a Rapporte mat eranzehuelen. Dat ass meng zweet Motioun.

Da froe mer eis och, wéi mer sollen e Phenomeen bekämpfen, wa mer keng kloer Erhiewung vun de Plainten a kee klore Exame vun de Plainten hunn. Do proposéiere mer e Bureau des plaintes mat enger Prozedur, fir den Exame vun de Plainten ze maachen.

A mir proposéieren, wat Patient/innerechter ugeet, e Gebuertshaus oder zumindest eng Etüd vun engem Gebuertshaus. Och dozou eng Motioun.

An da géif ech nach kuerz drop agoen, wat d'Formatioun vun den Dokterinnen a vum Gesondheetspersonal ugeet, wat do – dat wier eng Fro un d'Ministesch – virgesinn ass, fir méi Formatiounen an deem Beräich virzeseen.

Ech soen Iech Merci an da ginn ech meng Motiounen of an ech freeë mech op Äre Retour.

Merci.

### Motion 1

#### La Chambre des Députés,

– considérant que depuis le début des années 2000 la parole des victimes de violences gynécologiques et obstétricales (VGO) s'est progressivement libérée au niveau international, notamment dans le cadre de campagnes de témoignages sur les réseaux sociaux portées par les mouvements féministes ;

– vu la déclaration de l'OMS en 2014 dénonçant les traitements non respectueux et abusifs dont peuvent être victimes les femmes et personnes dotées d'un utérus lors de leur accouchement dans des hôpitaux ;

– vu les recommandations de l'OMS en 2018 sur les soins « intrapartum » pour une expérience positive de l'accouchement dans l'optique de lutte contre les interventions médicales non consenties ;

– vu la résolution de 2019 adoptée par le Conseil de l'Europe pour lutter contre les violences obstétricales demandant aux parlements nationaux de débattre sur la protection des droits des patient.e.s dans le cadre des VGO ;

– vu le rapport sur les actes sexistes durant le suivi gynécologique et obstétrical commandité en 2018 par la secrétaire d'État chargée de l'Égalité entre les femmes et les hommes en France ;

– vu la ratification par le Luxembourg de la Convention d'Istanbul ;

– vu le rapport de 2021 sur les VGO « Santé de la Femme » élaboré par un groupe de travail mis en place par le Ministère de la Santé au Luxembourg ;

– considérant que les violences gynécologiques et obstétricales sont enfin devenues un sujet politique et désormais traitées comme une question de santé publique au niveau international ;

– considérant que le rapport « Santé de la Femme » sur les VGO du Groupe de travail du Conseil scientifique dans le domaine de la Santé contient principalement des données datées et des recommandations préventives ;

– considérant qu'une définition juridique à la fois de la violence gynécologique et de la violence obstétricale fait encore défaut au Luxembourg ;

– vu les définitions des VGO telles que reprises dans le rapport « Santé de la Femme » en référence à celle de la Convention d'Istanbul et de l'Institut de Recherche et d'Action pour la Santé de la Femme en France,

invite le Gouvernement

– à œuvrer à l'élaboration d'une définition juridique des VGO ;

– à commanditer des enquêtes qualitatives sur les VGO auprès des patient.e.s ;

– à promouvoir la création de données statistiques précises et régulières sur les violences gynécologiques et obstétricales ;

– à réactiver le système de surveillance de la santé périnatale (SUSANA) et à mettre à jour les données du registre PERINAT en poursuivant l'élaboration et la publication des rapports triennaux sur les naissances et leur évolution depuis 2011.

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

### Motion 2

La Chambre des Députés,

– considérant que les rapports, résolutions et recommandations internationaux et nationaux officiels en matière de lutte contre les VGO n'incluent pas les personnes trans et non-binaires dotées d'un utérus ;

– considérant que les personnes victimes de VGO sont des personnes dotées d'un utérus ;

– considérant que les personnes trans, non-binaires et lesbiennes sont encore davantage victimes de remarques sexistes et d'une mauvaise prise en charge dans le cadre de leurs examens médicaux gynécologiques ;

– considérant que l'appréhension des traitements sexistes dans le contexte des VGO éloigne les personnes trans et non-binaires dotées d'un utérus de l'accès à des soins de santé gynécologiques ;

– considérant que la non prise en compte du droit de chacun.e à l'autodétermination de son corps, son sexe et son genre est au centre de la problématique des VGO,

invite le Gouvernement

– à inclure les personnes trans et non-binaires dotées d'un utérus dans ses études, projets et mesures permettant de lutter contre les VGO.

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

### Motion 3

La Chambre des Députés,

– vu le code de déontologie médicale stipulant en son article 38 que « Le devoir premier du médecin est de ne pas porter atteinte à la personne avec laquelle se noue la relation thérapeutique, de respecter l'autonomie de sa volonté (contrat de soins), sa dignité, son intégrité corporelle et psychique. » ;

– considérant qu'un membre du corps médical qui fait subir des VGO à ses patient.e.s ne respecte pas le code de déontologie ;

– vu que le rapport « Santé de la femme » émet la recommandation qu'« [i]l faut donner la possibilité aux patientes de s'exprimer dans le cas où elles auraient l'impression d'avoir été victime d'une violence gynécologique ou obstétricale. » ;

– considérant la nécessité de protéger les droits reproductifs des femmes et personnes dotées d'un utérus ;

– considérant que les femmes et les personnes dotées d'un utérus devraient pouvoir faire valoir leurs droits reproductifs et le droit de porter plainte en cas d'atteinte à leur intégrité corporelle et psychique ;

– vu la résolution 2306 (2019) de l'Assemblée du Conseil de l'Europe sur les violences gynécologiques et obstétricales,

invite le Gouvernement

– à créer un bureau de plaintes (Schlichtungsstelle) neutre pour les personnes ayant vécu des violences gynécologiques et/ou obstétricales ;

– à prévoir conformément à la résolution du CE précitée un mécanisme d'examen des plaintes pour violences gynécologiques et obstétricales excluant toute médiation, et à prévoir des sanctions, si tel n'est pas encore le cas, à l'égard des professionnels de santé lorsqu'une plainte pour ce type de violences est avérée.

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

### Motion 4

La Chambre des Députés,

– considérant que l'autodétermination en matière de recours aux soins, d'accompagnement à la naissance et de conditions d'accouchement devrait être garantie par la loi dans le contexte de la lutte contre les VGO ;

– considérant qu'une maison de naissance est une option pour les grossesses sans complications ;

– considérant que les maisons de naissance sont en principe conventionnées à une maternité à proximité ;

– considérant qu'une maison de naissance est un établissement géré par une ou plusieurs sages-femmes ;

– considérant une demande croissante de la part des futures mamans d'accoucher en maison de naissance et ceci aussi pour éviter d'éventuelles violences obstétricales ou suite à de mauvaises expériences de VGO ;

– considérant que des maisons de naissance existent dans nos pays voisins et que nombreuses sont les femmes qui y vont pour accoucher ;

– considérant qu'il y a différents modèles de maisons de naissance,

invite le Gouvernement

– à donner le choix aux personnes où et avec qui elles veulent accoucher et pour cela soutenir la création d'une maison de naissance (GeburtsHaus) ou étudier la possibilité d'une maison de naissance au Luxembourg.

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Aehm ageschriwwen. Madamm Aehm, Dir hutt d'Wuert.

### Débat

**Mme Diane Aehm** (CSV) | Gewalt bei der Gebuert vun engem Kand oder Gewalt am Allgemengen an der Gynekologie si ganz sensibel Sujeten. Et si Sujeten, déi d'Intimsphär vun engem Mënsch betreffen, an net all Mënsch schwätzt nun emol gären an der breeder Effentlechkeet iwwer seng Intimsphär, an nach vill manner, wa se verletzt ginn ass. Duerfir soen ech dem Nathalie Oberweis Merci, dass si dëse Sujet haut an der Chamber thematiséiert an domadder och en Tabu brécht.

D'Aktualitéitsstonn vun haut baséiert ënner anerem op engem Rapport, dee vun engem Aarbechtsgrupp ausgeschafft gouf. Dësen Aarbechtsgrupp gouf op der Basis vun enger Question parlementaire aus dem Joer 2019 vum honorabelen Deputéierte Gusty Graas op d'Bee gesat an huet virun engem Joer säi Rapport virgelycht.

Dëse Rapport dréit den Titel „Santé de la femme“ an ass relativ kuerz. Et ginn e puer Definitione vun de Begrëffer gynekologesch Gewalt a Gewalt bei der Gebuert opgezielt, e puer Datumer, an den Aarbechtsgrupp mécht eng Oplëschtung vu Punkten, déi a sengen Ae Gewalt vis-à-vis vu Fraen duerstellen. Des Weidere gëtt et eng Lëscht mat Akten, déi während enger Gebuert recommandéiert ginn, an Akten, déi net recommandéiert ginn.

An de Rapport schléisst mat e puer Recommandatiounen, wéi d'Sensibilisatioun vun de Leit, déi am Gesondheetssektor schaffen, an eng verbessert Kommunikatioun mat der Patientin, esouwuel viru wéi während der Gebuert.

Grad dës tëschemenschlech Kommunikatioun kënnt jo dacks an eise Gesondheetswiesen ze kuerz, och well vill Dokteren oder Flegepersonal einfach iwwerlaascht sinn. Hei muss op jiddwer Fall nogebessert ginn, well ee grad a sensibele Momenter wéi enger Gebuert e Vertrauensverhältnis brauch.

Här President, mir vermessen an dësem Sujet e klore Wëlle vun der Regierung, eschtaft géint d'Gewalt während der Gebuert oder Gewalt gynekologescher Natur virzegoen. An eisen Ae geet en einfache Regéier iwwer d'Zuel vun den Episiotomien, also den Dammschnëtter während enger Gebuert, net duer fir ze wëssen, wéi et hei zu Lëtzebuerg ausgesäit um Niveau vun der Gewalt. Och den Hiweis, dass eng Fra sech jo kann am Spidol mellen, wa si mengt, hir wier Gewalt ugedoe ginn, geet net duer. Well oft kënnen a wëllen déi Mënschen, deene Gewalt ugedoe gouf, net doriwwer schwätzen.

Mir wiere frou, wann d'Regierung sech däreer bewusst wiere an eng onofhängeg Ulafstell géif op d'Been setze fir dës Persounen. Hei kéint net nëmmen Hëllef ugebuede ginn, mee déi bekannt Fäll kéinten och a Statistiken afléissen. An och hei müssen déi Hëllefsméiglechkeete weesentlech besser kommunizéiert ginn.

Ech wëll dann awer och soen, dass net all Damm-schnëtt Gewalt ass. Et gëtt ganz vill Dammschnëtt, déi medezinnesch ubruecht sinn, an et däreer an dësem Fall net mat engem Generalverdacht un d'Saach erugeen.

Als CSV bedauere mir awer, dass de Rapport vum Aarbechtsgrupp sech net mat der Gewalt an der Gynekologie bei transgender Mënschen a bei



intergeschlechtliche Mänsche befaasst huet respektiv mat queerer Mänschen am Allgemengen. Well och dësen Aspekt ass fir eis e wichtege Aspekt. Am Verständnis vu ville Leit ass et normal, dass eng Fra weibliche Geschlechtsorganer huet an e Kand kritt. Dat kann awer och fir transgender oder intergeschlechtliche Mänschen de Fall sinn. Mir brauchen also hei, wéi op ville Plaze vun eisem Gesondheeswiesen, eng ganzheetlech Vue op de kranke Mänsch.

Fir eis ass et wichteg, dass, wann eng Datei ugeluecht gëtt iwwer Gewalt am gynekologesche Beräich respektiv bei der Gebuert, och u queer Leit geduecht gëtt, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Diane Adehm (CSV)** | ... natierlech ëmmer am Respekt vum Dateschutz.

Gynekologesche Gewalt gëtt et och bei Kanner a bei Jonken. Laut der Äntwert op eng Question parlementaire sinn tëschent 2009 an 2017 fënnef intergeschlechtliche Kanner zu Lëtzebuerg op d'Welt komm. Hei gëtt net vill dovunner geschwat, well entweder déi erziebungsberechtigt Persounen dat net wëllen oder well deene jonke Concernéierten net genuch nogelauschert gëtt. An och hei: Kommunikatioun heescht net just schwätzen, mee virun allem och aktiv nolauscheren. Och hei hu mir nach Sputt no uewen.

Am Ausland héiert een dann alt, dass intergeschlechtliche Kanner operéiert goufen, fir dass si aus medezinescher Siicht solle weiblich oder männlech sinn. Bei dësen Operatiounen sinn dann och d'Reproduktionsorganer erausoperéiert ginn. Wéi ass et mat esou Praktiken zu Lëtzebuerg? Ginn hei esou Operatiounen gemaach? Gëtt et e Regëster iwwer esou Operatiounen? An Däitschland gouf am Mee 2021 e Gesetz gestëmmt, dat esou Operatiounen verbitt, wann d'Kanner oder déi Jonk net averstane sinn. Wéi ass et domadder zu Lëtzebuerg? D'Regierung huet dat nämlech an hirem Regierungsprogramm stoen.

Am Resümee: Mir musse grad an dësem sensibelen Beräich méi matenee schwätzen a méi openee lauscheren a méi Respekt ee virun deem aneren hunn. Mir mussen d'Leit besser informéieren, awer och forméieren a Gewalt verhéieren, wou mer nëmme kënnen, an och Gewalt als Gewalt erkennen, ouni awer duerfir jiddwereen ënner Generalverdacht ze stellen, well am Endeffekt geet et drëms, d'Lag vun de Patienten ze verbesseren a se net just als Patient, mee virun allem als Mänsch ze gesinn.

An deem Sënn hoffen ech, dass dës Aktualitéitsstonn genee zu dësem Bewosstsäinswandel bäidréit, am Interessi vun eis alleguer.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Adehm. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas (DP)** | Merci, Här President. Déi belsch Juristin Marie-Hélène Lahaye setzt sech schonn zënter Jore mat deem Sujet hei ausereneen. Se huet e ganz populäre Blog a se huet och en interessant Buch geschriwwen: „Accouchement – Les femmes méritent mieux“. An ouni Zweifel kann ee soen, dass och si derzou bäigedroen huet, dass dësen Theema dobaussen enttabuséiert ginn ass.

Da wëll ech och op de Conseil d'Europe hiweisen, deem 2019 och eng Recommandatioun zréckbehalen huet, wou e seng einzel Memberstaaten operuff huet, an deem Beräich do aktiv virzegoen a virun allem och d'Recommandatiounen vun der WHO ëmsetzen.

Et muss ee sech natierlech bewosst sinn, dass mer eis hei an enger ganz delikater Problematik beweegen. Et sinn ëmmer méi Fraen, déi traumatesch Erlebnisse vun der Gebuert eeben elo lues a lues méi publik maachen. Ech mengen, am Kontext vun de Violences gynécologiques sinn domadder an der Reegel Behandlungen, Agrëffer gemengt, déi a priori net esou virgesi waren an déi och oft ouni Averständnis vun der Fra gemaach goufen.

Do schwätzt ee vu Péng duerch iwwerdrüwvent Klappen op de Bauch, Cesariennen, déi vum medezinesche Standpunkt hier net onbedéngt hätte misse realiséiert ginn, oder virun allem awer och Episiotomien, déi reegelméisseg gemaach ginn, dat heescht Coupuren am Beräich vum Vagin. Dat gëtt et iwwerens scho säit den 1920er-Joren. An et kann ee soen, dass plus ou moins en Drëttel vun de Gebueren iwwert dee Wee awer och stattfënn.

An do beruffen ech mech dann och op meng Question parlementaire, déi d'Madamm Adehm jo hei och schonn erwähnt hat, vum Oktober 2019. Do ass festgehalen ginn, dass 22,5 % vun de Gebueren hei zu Lëtzebuerg mat Episiotomie gemaach gi sinn; wéi gesot, dass ass awer aus dem Joer 2016.

Ech wëll awer och drun erënneren, dass schonn 2005 am Frankräich de Collège national vun de fransésische Gynekologe sech u sech géint d'Episiotomie ausgesprach huet.

Mir brauchen duerfir och eng kloer Definitioun: Wat ass u sech déi Violence gynécologique an obstétricale? Et muss een awer hei och direkt soen, mengen ech, dass dat a priori mat Sécherheet net wëllentlech gemaach gëtt, dass dat och oft aus Onwëssenheet gemaach gëtt, wat trotzdem awer net soll d'Problematik hei minimiséieren. Fir e bessert Verständnis vun deem ganze Problem ze kréien, muss awer natierlech och d'Formatioun nach ouni Zweifel verstärkt ginn.

Op deem Niveau ass zwar hei zu Lëtzebuerg och scho munches geschitt. Ech wëll zum Beispill drop hiweisen, dass an der Clinique Bohler 2019 eng ganz wichteg Formatioun war ënnert dem Titel „La bien-traitance au quotidien – lorsque prendre soin ne se confond pas avec faire des soins – une vigilance éthique!“, mat engem Ausrufezeichen hannendrun. Am Kader vun der drëtter Woch vun der affektiver sexueller Gesondheet – déi war am Mee dëst Joer –, ass dann och eng Konferenz zu dësem Sujet ofgehalen ginn.

Et ass also evident, dass nach muss méi op deem Punkt do sensibiliséiert ginn. Ech mengen, et ass och wichteg, dass d'Gesellschaft sech méi där Problematik bewosst gëtt. Dowéinst ass och wichteg, dass virun allem d'Santéspersonal nach méi implizéiert gëtt, dass och d'Gesondheetspersonal iwwert d'Flichten, d'Rechter virun allem och vum Patient méi mat agebonne gëtt, well och de Patient muss hei – oder d'Patientin natierlech – natierlech nach vill méi informéiert ginn iwwer seng Rechter.

Duerfir ass d'Kommunikatioun ganz wichteg, fir dass och hei dat néidegt Vertrauen zwëschen dem Fleegepersonal, zwëschen dem Gynekolog an de Patientinnen entsteet. Well eppes muss een hei awer och ënnersträichen: D'Fra muss natierlech selbstverständlech och d'Recht hunn, Nee ze soen. Si kann awer nëmmen Nee soen, wa se och maximal informéiert ass. Méi e respektvollen Émgang mam Patient gëllt net nëmmen an dësem Beräich, mee muss ouni Zweifel och an Zukunft vläicht nach vill méi ugestriift ginn.

An d'OMS huet jo eng Rei vu Recommandatiounen erausginn, déi och wäerten hei zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn. Deemoos war och gesot ginn an där Äntwert op déi Question parlementaire, do géife méi

spezifesch Lëtzebuergesch Saachen nach ugepasst ginn. Vlächcht kann d'Madamm Ministesch eis och soen, wou mer do dru sinn.

Et ass och scho richtegerweis hei gesot ginn: De Problem entsteet natierlech ganz kloer an éischer Linn duerch Stress duerch Personalmangel! A wann ee mat Leit vum Terrain schwätzt, wat ech selbstverständlech als Laien och gemaach hunn, dann ass dat am Fong eng Ursaach, déi ëmmer erëm zitéiert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer hei ënnersträichen, dass d'Gebuert nach ëmmer, méi wéi jee vlächcht, muss en aussergewöhnliche Stellwäert an eiser Gesellschaft hunn. Et ass awer och erkennbar, dass den Akt vun der Gebuert an engem gewëssene Wandel ass; dass ass scho virdrun hei ugesprach ginn. An ech mengen, den Här Spautz hat jo drop higewisen, dass een an de 50er- an an de 60er-Joren – an ech sinn och e Produkt dovun – natierlech bei d'Hiewammen oder bei d'Mamm heemgaangen ass, wou een dann entbonnen huet. Lues a lues huet dat natierlech changéiert. Dat huet sech méi verlagert an d'Kliniken, woubäi een dat awer net soll negativ gesinn.

Wa mer d'Statistiken huelen, da gesäit ee ganz gutt un dem Réckgang vun den Doutgebuerte respektiv u Problemer bei de Gebueren, dass déi ganz Entwécklung – eeben doduerch, dass e bessert medezinnescht Ëmfeld entstanen ass – sech awer positiv duergestallt.

Et dierf een awer natierlech net vergiessen, dass elo besonnesch méi jonk Fraen ëmmer méi de Wonsch äusseren, d'Gebuert aneschtlers ze erliewen, se vlächcht méi intim ze erliewen. An deem soll een och Rechnung droen. Hei ass virdru schonn e puermol vum Gebuerts- haus geschwat ginn. Dat sinn Iwwerleeungen, déi ouni Zweifel sollen zréckbehalen gi fir d'Zukunft.

Ech wëll awer zum Schluss hei nach eng méi allgemeng Remark maachen. Bei allem Respekt fir deen Debat, dee mer hei féieren – an ech wëll och déi Lénk felicitéieren, dass se dat hei thematiséiert hunn –, muss mer awer trotzdem och objektiv bleiwen an drop hiweisen, dass mer d'Chance hunn, dass mer an engem Land liewen, wou d'Ëmfeld awer ganz gutt ass, wou mer kënnen frou sinn, dass mer engagéiert Gynekologen hunn, wou mer frou kënnen sinn, dass mer vill engagéiert Hiewammen hunn, déi eng exzellente Aarbecht maachen.

Dat wëll natierlech net heeschen, dass et keng Problemer op deem Niveau gëtt. Ech mengen, mir als Demokratesch Partei verschléissen eis absolutt guer net, fir och déi Problemer unzdiskutéieren, gegeebenfalls och Lësungen zouzeféieren. Mee ofschléissend, wéi gesot, nach eng Kéier: Esou eescht och déi Diskussioun hei ass, loosse mer awer trotzdem net herno d'Gefill opkomme loosse, wéi wann dat géif iwwerweien! Ganz au contraire, hei zu Lëtzebuerg hu mer trotz allem nach ëmmer d'Chance, dass mer an engem ganz exzellente Ëmfeld an deem Sënn liewen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Graas. An da wier et un där honorablen Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Merci, Här President. Madamm Minister, Léif Kolleeginnen, Léif Kolleegen, ech hat elo just a menger viregter Ried gesot, et géif Schrëtt am Liewen ginn, bei deenen ee sech dee Moment, wou ee se mécht, net ëmmer bewosst ass, wéi eng Auswierkung se spéider fir ee selwer wäerten hunn. Elo beschränken ech mech ganz geziilt op de Choix vum Gynekolog, dem Spezialist, deem enger Fra hire Vertrauensdoktor par excellence sollt sinn, a villen Etape vun hirem Liewen.

Den Diagnostic an och d'Behandlung vun de Krankheeten am Genitalberäich, vun der Broscht, den Depistage vu Kriibsen, d'Prise en charge vun der Sterilitéit, der Contraceptioun oder awer d'Problemer bei der Menopause gehéieren an d'Spezialisatioun vun der Gynékológie, oder awer de Suivi vun enger Schwangerschaft an d'Accouchement, déi de Beräich vun der Obstétrique ofdeckt.

Hei si mer awer voll a ganz am Intimberäich vun der Fra. A fir sech wuelzefillen, muss d'Patientin vollt Vertrauen an e ganz gudden Drot zu hirem Fraendokter hunn, well hei deet si sech aus, am duebele Sënn vum Wuert.

Et erwaart ee sech Zäit an der Consultatioun, e gutt Nolauschten an dat néidegt Versteedsdemech. D'Froen an och d'Geste vum Spezialist sollen a Relatioun stoen zu de Problemer, déi ugeschwat ginn, an et muss Oplklärung ginn iwwer alles, wat doriwwer erausgeet. Dat ass déi beschte Viraussetzung fir eng berouegend an och staark Vertrauensrelatioun a fir mat der Fra zesummen e gudder Behandlungswee ze goen.

Dofir ass et skandaléis an och net ze entschëllegen, wann en Abus vun esou enger staarker a wëschenswäerter Relatioun gemaach gëtt, bewusst oder awer ganz dacks onbewusst.

Am Géigesaz zu der Madamm Oberweis konnt ech net vill Temoignagen asammelen, a selwer hat ech och déi ganz grouss Chance, vu guddem a kompetentem Personal an och ganz léiwem Personal encadréiert ze sinn, wéi ech meng Kanner op d'Welt gesat hunn.

Allerdéngs krut ech eng Anekdot vun enger Bekannter erzielt, dat Ganzt ass schonn eng Rei Joren hier. Si wollt ganz couragéiert hiert Kand ouni Peridurale op d'Welt bréngen. Wéi dunnt awer d'Wéien net méi ze erdroe waren, huet si gefrot, fir dann awer um leschte Stéppel nach eng Peridurale ze kréien. Du sot hire Gynékológ, e bësselche genervt an och zimmlech gehäseg: „Aha, Dir wëllt awer elo eng? Ma elo gesitt Der awer, wéi et ass!“

Ech brauch wuel net ze erklären, dass dat net dee richteg Moment war, fir enger Fra esou eng Remark ze maachen, déi scho bal un e Reproche gegrenzt huet, well si sech jo eigentlech Gedanke gemaach huet ëm d'Wuel vu sech selwer an natierlech vun hirem Kand.

Elong dës Remark kéint ee schonns als eng Zort vu Violence bezeichnen. Dobäi kéint bei där selwechter Persoun, dass och een Intern reegelméisseg no där Fra kucke komm ass. Mee dës jonk Persoun huet net mat der Madamm kommunizéiert. Hien huet der Fra, déi an de Wéie louch, just d'Dosis vum Baxter verduelt, ouni hir ze erklären, wat en dann do géif maachen, wat, an dat brauch ech net ze ënnersträichen, och net derzou bäigedroen huet, dass d'Fra sech besser gespiert huet, mee tout au contraire, si hat Angoissen, et wier eppes net an der Rei.

Firwat erzielen ech dat? Majo fir ze veranschaulichen, dass, wann ee vu Violence gynécologique et obstétricale schwätzt, et dann net onbedéngt muss ëm schwéierwiegend Dote goe wéi zum Beispill Attouchementer oder och soss sexuell Aggressiounen oder nach eng Vergewaltung, wéi een et heiansdo an der auslännescher Press liest. Mee och schonn offälleg Remarken iwwert d'Gewicht oder sexuell Praktiken, sexistesch Aussoen oder awer medezinnesch Akten, déi ouni d'Awëlligung vun der Patientin gemaach ginn, belaauchten eng Fra spéiderhin an och nach Joren duerno. Dat si fir en Drëtze wuel kleng Geschichten, déi meeschtens och guer net un déi grouss Klack gehaange ginn, mee fir déi betraffe Fra ass et jee nodeem dramatesch. Well och wa mir elo keng Zuele

virun Aen hunn, soll een dee Phenomeen net klengrieden.

Wéi ech mech op dës Ried preparéiert hunn, sinn ech op e franséische Facebook-Grupp gestouss, deem 2015 gegrënnt ginn ass. Deen heescht „Stop à l'impunité des violences obstétricales“ an huet de Moment ronn 5.500 Memberen. An dësem Grupp hunn eng Rei Memberen eng Associatioun gegrënnt, déi IRASF heescht – den Institut de recherche et d'actions pour la santé des femmes – an dee sech genee mat där Thematik ausernanersetzt. Am Avis vum Conseil scientifique sinn iwwerengs Infografike vun der IRASF iwwerholl ginn, fir d'Problematik ze illustréieren.

Mee et ass beileiwen net déi eenzeg Plattform. Ech hunn och nach eng Partie Blogge fonnt an och soss Selbsthëlleforganisatiounen am Ausland, déi derzou dëngen, de Fraen d'Méiglechkeet ze ginn, sech auszutauschen.

Ech begrëssen, dass de Conseil scientifique zu Lëtzebuerg vun der Regierung beoptraagt ginn ass, en Avis zum Thema ze ginn. Dat ass e Schratt an déi richteg Richtung. An aus deem Avis – dat ass schonn hei gesot ginn –, geet och ervir, dass et zu Lëtzebuerg keng Statistiken zu de Violencë gëtt. Do misst ee sech allerdéngs d'Fro stellen, ob et net ubruecht wier, eng Ulaftell oder eng Hotline anzerichten, wou d'Victime sech kéinten an deem Fall mellen an och vun hire Virfäll berichten.

An och wann et formidabel wier, wa mer zu Lëtzebuerg net mat esou Violencë geplot wieren, esou fäerten ech awer, dass ee leider dervu muss ausgoen, dass d'Violencen och e Phenomeen bei eis am Land sinn. Dofir vun hei aus en Opruff un all Fra, déi vun esou engem Fall betrafft ass, net einfach näischt ze soen, mee dervunner ze schwätzen, ronderëm sech, fir dass et keen Tabu bleift a fir dass mir och an deem Domän virukommen am Sënn vun enger progressiver Gesellschaft.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hemmen. An da wier et am honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, laang ass net iwwert d'Gewalt an der Gynékológie a bei den Accouchementen geschwat ginn. D'Bewosstsi fir d'Problematik ass awer an de leschte Jore staark geklommen, besonnesch och, well ëmmer méi Betreffener iwwert d'Gewalt an d'Respektlosegkeet op de soziale Medien ënner Hashtagge wéi „PayeTonUterus“ doriwwer schwätzen.

Et ass e schwieregt Thema, bei deem och al Geschlechterstereotypen an der Gesellschaft matwierken, wéi och eng männlech Vue op d'schwanger Fra an de Gebuertsvirgang.

Am Joer 1688 huet de franséischen Dokter François Moriceau eng Ofhandlung iwwer Schwangerschaft a Gebuert geschriwwen, déi derzou gefouert huet, d'Réckelag während der Gebuert ze populariséieren. Wuelverstane war d'Iddi, dem Dokter d'Aarbecht während der Gebuert ze erliichteren. Et ass also héich Zäit, d'Besoinen vun der Fra, déi accouchéiert, an de Mëttelpunkt ze stellen, dës awer, ouni all d'Gynékológien an och d'Hiewammen, déi all Dag am Sënn vum Wuelbefanne vun hire Patientin schaffen, un de Pranger ze stellen.

Dir Dammen an Hären, d'Weltgesundheitsorganisatioun huet eréischt 2015 op d'Geréngschätzung an d'Mësshandlung bei der Gebuert opmierksam gemaach. Och wann den Tabu domadder gebrach ass, sinn d'Problemer awer net verschwonnen. Och zu Lëtzebuerg huet de Sujet vun de Violences

gynécologiques et obstétricales an der Lescht méi Opmierksamkeet kritt.

Positiv ass, dass de Conseil scientifique vum Gesundheitsministère beoptraagt ginn ass, fir d'Problematik ze analyséieren. Am Juli 2021 huet dësen e Leitfue-dem mat Definitionen an Empfehlungen dozou publizéiert, mat deem e konkreete Léisungsusaz vir-läit. D'Zil ass et, dass dës Violencen an hir Ursachen erkannt ginn an natierlech maximal evitéiert ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen, et gëtt dacks eng Diskrepanz tëschent der Intentioun vum behandelnde Personal an dem Erlefte vun de Beträffenen. Hei trifft den Hiewammen an den Dokteren hiren Alldag op ee vun den emotionaalsten a stressegsten Evenementer am Liewe vun der zukünftiger Mamm. Och d'Angscht virum Accouchement, e weideren Tabu, iwwert dee vill schwanger Frae virum Accouchement net kënnen oppe schwätzen, ass Deel vum Problem.

D'Personal séngersäits ass sech oft net bewosst, dass d'Gesten, d'Kommentaren, d'Behandlungsvirschléi oder d'Praktiken, déi vun hinnen ausginn, de Patientinnen hiert Entscheidungsrecht iwwer hire Kierper kënnen aschränken an als Gewalt kënnen empfongt ginn, dat ëmsou méi, wa Frae scho vu virera mat ënnerdréckten Angschtgefiller an Onsécherheeten an d'Salle d'accouchement kommen. Vill Patientinnen hunn d'Impressioun, dass si vun de staark hierarchiséierte Spidolsstrukturen entmëndegt ginn an net als vollwäertge Mënsch behandelt ginn.

Mir brauchen also Strukturen, wou dës net de Fall ass. E Gebuerts Haus ass hei sécherlech eng interessant Pist. Als Léisungsusaz vum Conseil scientifique gëtt den Akzent op d'Kommunikatioun gesat, op de Respekt an d'Informatioun vun de Patientinnen während der Schwangerschaft an dem Accouchement an op d'Formatioun an d'Sensibiliséierung vum Personal.

Wichtig wier och, dass d'Mamme kéinte souzesoen en Debriefing vun hirem Accouchement maachen. No der Gebuert ass de Puppelche gréisstendeels am Fokus. Bei de Mamme gëtt dacks just nach kontrolléiert, ob de kierperlechen Heelungsprozess normal verleeft. Duerfir wär et wichtig, no enger kuerzer Zäit e Gespréich mat der Mamm iwwer hiert Empfan-nen iwwert d'Accouchement an eventuell als Gewalt empfongten Akten ze féieren. Esou kéint dat Erleiftent besser verschafft ginn. Erklärungen vum Personal kéinten dobäi hëllefen. Gläichzäiteg kéinten dës Gesprécher beim Personal eng Selbstreflexioun a Saachen Empathie a Kommunikatioun erméiglechen.

Et wier och e gudder Moment, fir e Bilan ze zéie vun der Mamm hirer mentaler Gesondheet a fir postnatal Depressiounen fréizäiteg ze erkennen – en anere Sujet, deem awer leider vill ze oft net erkannt gëtt.

Ech wollt duerfir d'Madamm Gesundheitsministesch froen, ob ugeduecht ass, eng spezifesch postnatal Consultatioun unzëbitten, bei där dës Nosuerg géif gelescht ginn. Alternativ kéint ech mer och e Modell wéi an Däitschland vun enger nationaler Berodungs-stell fir Fraen no belaaachtender Gebuert virstellen. Beim „Hilfetelefon schwierige Gebuert“ kënne Beträffener gratis an anonym driwwer schwätzen a sech berode loossen.

Da wëllt ech nach e Punkt ervirsträichen, an zwar, dass besonnesch queer, trans, intergeschlechtlech an net binär Mënschen opgrond vun hirer sexueller Orientéierung oder hirer Geschlechtsidentitéit méi engem héije Risiko ausgesat sinn. Si traue sech do-wéinst dacks guer net an eng Gynékológiesconsulta-tioun, well se fäerten, mat verbalen Iwwergrëffer, Respektlosegkeet an Onverständnis konfrontéiert ze ginn. Och hei ass nach vill Informatioun a Sensibili-séierung néideg.



Ofschliessend wéilt ech d'Christa Brömmel, d'Coördinatrice vum Cesas, zitëieren. Si sot op hirer Konferenz zum Sujet ganz treffend, dass dës Gewalt eis alleguer concernéiert, well all Mënsch bei der eegener Gebuert kann domadder konfrontéiert sinn.

D'Fro stellt sech, wat der Gesellschaft e gudden Start an d'Liewe wäert ass. Si mer gewëllt, dat néidegt Personal, Strukturen, Berodung a finanziell Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir all Mënsch eng optimal Gebuert ze garantéieren?

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten, an domat wëll ech och nach de Kollegeinne vun déi Lénk dofir Merci soen, dës Heure d'actualité ugefrot ze hunn. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Hansen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen (ADR)** | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, fir unzefänken der Maddam Nathalie Oberweis en häerzleche Merci fir dës Aktualitéitsstonn.

Ech wéilt dës Punkt e bëssen anescht belichten. Ech mengen, bei deene Riedner virdrun, do goug et méi ëm d'Gebuert a ronderëm. Ech wéilt och mol op e Punkt agoen, dee méi e sensibele Sujet ass, deen an der leschter Zäit ëmmer méi am Zentrum vun der medialer Ëffentlechkeet ass. Do wollt ech en anere Punkt belichten.

Do oute sech a leschter Zäit ëmmer méi Fraen, datt si Affer gi si vun gynekologescher Gewalt, berichte vu sexisteschen, physischen, psychologesche Mëssbrauchshandlungen oder Mëssbrauchsgesten, vu Behandlungspraktiken, déi angeeblech net ofgeschwat waren, vun deplacéierte Kommentaren an dervun, datt hir Entscheedungsrechter iwwer hire Kierper net respektéiert goufen. Dacks bekloen d'Fraen och, datt si hu misse Froe beäntweren, déi hir Integritéit bleséiert hunn.

A villen oder munche Fäll ass sécher eppes drun an et muss een dës Problem och ganz eescht huelen. Et gëtt mat Sécherheet Fäll vu verbalen Entgleisungen an Agrëffer an d'Intimsphär vun de Patientinnen an et muss een ëmmer erëm betounen, datt d'Gynekologie en extreem delikate Beräich vun der Medezinn duerstellt an datt et hei ganz kloer eethesch Reegelen gëtt, déi ee beherrschen a beuechte muss.

Et gëtt zu Lëtzebuerg, souwäit mir wëssen, keng offiziell Zuelen am Hëllef op gynekologesche Gewalt. Offiziell Plainté géint Gynekologen oder Hiewanne leien eises Wëssens no am Abléck net vir.

Fakt ass, datt an dësem Beräich vun der Medezinn Personal fehlt, wéi iwwregens och a villen anere Beräicher vun eisem Gesondheitswesen.

Wat d'Geburtsmedezinn ugeet, esou ass et hei am Land net méiglech, d'Fuerderung vun der Weltgesundheitsorganisatioun ze erfëllen, datt all Fra, déi an aneren Ëmstänn ass, bis zur Gebuert an och duerno vun enger medezinnescher Fachkraaft begleet gëtt, déi sech exklusiv ëm si këmmert. Haut si vill verschidde Persounen un der Gebuert bedeelegt an déi kënnen net op all explizite Wunsch vun der schwangerer Fra agoen. Leider implizéiert dat, datt verschidde Frae keng Méiglechkeet hunn, Vertrauen an dat medezinnescht Personal opzebauen, dat sech ëm si këmmert.

Souwäit géif ech Iech da Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Engelen. An da wier et nach um honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Merci déi Lénk fir d'Ufro vun dëser Aktualitéitsstonn. D'Erliewe vu physischer oder verbaler Gewalt während enger gynekologescher Ënnersichung oder souguer während der Gebuert si leider méi heefeg, wéi ee sech dat géif erhoffen.

Wéi oft genee et hei am Land awer zu esou Gewalterfahrungen kënn, ass leider net bekannt, well onglücklicherweise gëtt et an dësem Beräich nach ëmmer keng Daten, déi erhuewe ginn. Hei mussen also dréngend Schrëtt ënnerholl ginn, a mir brauchen op alle Fall eng zentral an neutral Ulafstell, wou betraffe Persounen sech kënnen mellen. Nëmme esou kënnen mer endlech déi néideg Donnéeë fir eng Verbesserung vun der Situatioun sammelen an derfir suergen, dass d'Affer gehéiert ginn.

Mir kënnen se net einfach un de Service fir Reklamatiounen vum Spidol verweisen, an deem si hiert Kand kritt hunn. Hei ka schliesslech net vun Objektivitéit geschwat ginn a vill Persounen zéien et da vir, einfach guer näischt ze soen. Dofir bleiwen am Moment vill Persounen mat deem, wat hinne geschitt ass, ganz einfach eleng. An dat ass ganz schwéier fir si.

Dowéinst fuerdere mir Piraten scho säit Laangem, dass een en Zentrum misst opmaache fir d'Affer vu sexueller a geschlechtsspezifischer Gewalt, wou betraffe Persounen an engem manner sterilen Kontext wéi engem Spidol kéinte berode ginn an, wa si dat wënschen, och psychologesche a medezinnesche Hëllef kéinte kréien, alles op enger Plaz a mat esou wéineg Intervenante wéi méiglech. Esou en Zentrum wier natierlech och eng exzellent Ulafstell fir Persounen, déi bei enger Gebuert oder enger gynekologescher Ënnersichung Gewalt erlieft hunn.

Nëmme wa mir d'Affer eescht huelen an de Problem net weider einfach ignoréieren, kënnen mer d'Situatioun verbessern. Dass d'Angscht viru Gewalt bei der Gebuert e grouse Problem ass, mierkt een och an de Gespréicher mat den Hiewammen. Vill Mammen hunn Angscht viru Gewaltsituatiounen, an dofir entscheede sech och ëmmer méi Mammen fir d'Hausgebuerten oder ginn an d'Ausland an e Gebuertschaus.

Hei muss also dréngend dru geschafft ginn, fir d'Sécherheetsgefëll vun de Patientinnen, déi sech fir eng Gebuert am Spidol entscheeden, ze verbessern. Mee och d'Alternative vun engem Gebuertschaus sollte méiglech ginn, fir de Patientinnen e Choix ze erméiglechen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Ech deposéieren dofir haut eis Motioun fir d'Schafe vun enger gesetzlecher Basis fir e Gebuertschaus, zu där ech och direkt nach eppes wëll soen, ier ech da mat menger Ried weiderfueren.

Am Gebuertschaus kënnen d'Mammen nach méi enk vun der Hiewamm betreit ginn, wéi dat am Spidol méiglech ass, a Gewaltsituatiounen, déi aus Zäitdrock oder Stress entstinn, komme manner oft vir. D'Gynekologe kënnen an enger Noutsituatioun geruff ginn oder sinn disponibel, falls eng Patientin misst an e Spidol transferéiert ginn. Mee et sinn d'Hiewammen, déi d'Patientin primär begleeten, an och d'Haus gëtt vun hinne geleet.

Leider feelt et fir d'Opmaache vun esou engem Haus zu Lëtzebuerg nach ëmmer un engem stabille gesetzlecher Kader. Säit ufangs des Joers kënnen d'Hiewammen zwar hir Prestatiounen eegestänneg ubidden an iwwert d'CNS ofrechnen, mee wéi sinn d'Käschte

fir Stroum, Waasser, Infrastruktur an engem Gebuertschaus ze decken? Ouni eng Eegeparticipatioun vu Patientinnen ze froen, ass dat net kloer. Wann e Gebuertschaus also net soll zu engem Privileeg ginn, dee just Leit mat genuch Sue sech leeschte kënnen, muss hei nogebessert ginn. Zudeem gëtt et bis elo nach keng gesetzlech Mindeststandarden, déi esou en Haus erfëlle misst, wat och net zur Protektioun vun de Patientinnen bäidroen géif, wann elo schonn esou en Haus géif opgoen. Dofir eis Motioun.

Här President, loosst mech dann nach zum Schluss vu menger Ried iwwergoen. Hei wëll ech dann elo nach iwwert d'gynekologesche Gewalt ausserhalb vum Gebuertsvirgang schwätzen, dat heescht, iwwert d'Forme vu Gewalt, déi bei gynekologeschen Ënnersichungen allgemeng optauche kënnen.

Besonnenesch vulnerabel sinn hei jonk Fraen, bisexuell oder lesbesch Fraen oder och Trans-Persounen. Grad fir dës Persounen kënnen vaginal Ënnersichungen mat grousser Péng, villen Ängschten an, jee nodeem, och gewëssene Schimfte verbonne sinn.

Leider kënn et hei ëmmer nees vir, dass d'Dokteschen an d'Doktere sech net genuch iwwert déi individuell Situatioun informéieren, ier se eng vaginal Ënnersichung ufänken. An och wa si iwwert d'Situatioun Bescheed wëssen, feelt heiansdo dat néidegt Afüllungsverméigen, an dem Patient oder der Patientin gëtt éischter d'Gefill vermittelt, dass bei him eppes net stëmmt, well säi Fall jo net der Norm entsprécht. Dat ka fir déi Betraffe ganz dramatesch sinn, an och fir si misst an dësem Beräich méi Oplärungsarbecht geleescht ginn.

Leider gëtt dës wichtege Beräich awer och vun de Recommendatiounen vum Conseil scientifique bis elo nach net ofgedeckt. An dofir deposéieren ech dann hei och nach eng zweet Motioun, déi d'Regierung opfuere soll, beim Conseil eng deementsprechend Demande ze maachen, fir dass esou Recommendatiounen fir d'gynekologesche Cabineten kënnen ausgeschafft ginn.

Ech soen Iech villmools Merci.

## **Motion 5**

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

– *Lëtzebuerg huet 2015 d'Konventioun vun Istanbul vum Conseil de l'Europe iwwert d'Preventioun an de Kampf géint d'Gewalt géint Fraen an d'haislech Gewalt ënnerschriwwen;*

– *de Groupe de travail „santé de la femme“ vum Ministère de la Santé huet 2021 Recommendatiounen erausginn, wéi Gewalt am Zesammenhang mat gynekologeschen Ënnersichungen an der Gebuert soll verhënnert ginn, woubäi de Fokus vun de Recommendatiounen kloer um Gebuertsvirgang läit;*

– *aktuell gëtt et keng detailléiert Recommendatiounen, déi sech spezifesch mat der Vermeidung vu Gewalt bei gynekologeschen Ënnersichungen vu besonnenesch vulnerabele Gruppe beschäftegen (zum Beispill Trans-Persounen, lesbesch Fraen, jonk Fraen oder Fraen aus Kulturkreesser, wou medezinnesch gynekologesche Ënnersichungen net routine-méisseg gemaach ginn).*

*Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,*

– *an Zesummenaarbecht mam Groupe de travail „santé de la femme“ all déi Gruppen ze ermëttelen, déi als besonnenesch vulnerabel kënnen ugesi ginn, wann et drëms geet, Gewalterfahrungen bei gynekologeschen Ënnersichungen ze maachen;*

– *de Groupe de travail „santé de la femme“ ze invitéieren, Recommendatiounen auszuschaffen, fir Gewalt vis-à-vis*

*vun dëse Gruppe bei gynekologeschen Ennersichungen ze vermeiden.*

(s.) Marc Goergen.

### Motion 6

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

– d'Hiewanskonscht ass zanter dem 29. Juli 2019 am nationalen Inventar vun immaterielle Kulturierwen zu Lëtzebuerg ageschriwwen;

– eist Nopeschland Däitschland setzt säit iwwer 25 Joer op d'Gebuertshaus ënnert der Leedung vun Hiewannen als Alternativ zum Spidol fir natierlech Gebuernten an huet haut 150 Gebuertshäuser iwwer d'Land verdeelt;

– och a Frankräich an an der Belsch hu rezent méi Gebuertshäuser opgemaach;

– den 1. Februar 2022 gouf eng nei Nomenclature vun der CNS publizéiert, déi d'eegegestänneg Aktivitéit vun den Hiewannen hei am Land erweidert huet;

– zu Lëtzebuerg dierfen Hiewannen vir- an nogebuertlech Berodung ubidden an och Hausgebuerter betrieen a kënnen dës Servicer och iwwer d'CNS ofreche looszen;

– ënnert der aktueller Gesetzgebung ass et den Hiewannen net méiglech, hir lafend Käschten, wéi zum Beispill déi vum Stroum oder vum Waasser, déi an engem Gebuertshaus géifen ufalen, iwwer d'CNS ofrechen ze looszen. Esou ass dervun auszegoen, dass eng Fegeparticipatioun vun de Mamme gefrot géif ginn, wann ënnert der aktueller Gesetzgebung géif e Gebuertshaus opgoen;

– Lëtzebuerg setzt sech säit Laangem derfir an, eng Zweckklassemedezinn ze vermeiden, wou gewësse Servicer Persounen virenthale bleiwen, déi se aus eegener Täsch bezuele kënnen;

– aktuell gëtt et zu Lëtzebuerg kee gesetzleche Kader, dee Qualitätsstandarde fir Gebuertshäuser festhält.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– an zesummenaarbecht mat de Representante vun den Hiewannen an der CNS ze ermëttelen, wéi eng Gesetzeslücken et aktuell bei de Gebuertshäuser gëtt;

– op Basis vun dësen Evaluatiounen Pisten auszeschaffen, déi assureieren, dass mat enger zukünftiger Gesetzgebung d'Qualitéit vun de Servicer genee ewéi eng sécher Basis fir d'Prise en charge duerch d'CNS an de Gebuertshäuser garantéiert kënne ginn.

(s.) Marc Goergen.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé |** Merci, Här President. A merci och un d'Madamm Oberweis fir dës Aktualitéitsstonn. Dat ass u sech schonn en éischte Bausteen a Richtung Sensibilisatioun. Wa mer haut iwwer dat Thema hei schwätzen, dréit dat och sécherlech zu enger Enttabuiséierung bäi oder symboliséiert déi zumindest.

Mënschlech Relatiounen a sozial Kompetenze sinn iwwerall vu grousser Wichtigkeet am Liewen, op der Aarbechtsplaz, awer ganz besonnesch bei deene Beruffer, wou zum Beispill Péng an d'Spill kënn. Ech denken effektiv un d'Gebuert, mee och u Palliativstatiounen. Do ass d'Zäit wichteg, do ass d'Häerz wichteg an net just dat Technesch, wat leider nach vill ze vill oft am Vierdergrond vun de Formatiounen steet. Et ass och eng Bestriewung op der Uni an de Formatiounen, ëmmer méi Wäert op dat Relationellt ze leeën, well den Dokter en Usprechpartner ass. De Mënsch, dee virun em steet, spiert sech normalerweis net a gréisster

Sécherheet, well et em prinzipiell net esou gutt geet oder well e viru Schrëtt steet, déi net alldieglech sinn. An do ass e gewëssent Feingefill extreem wichteg.

Violence vis-à-vis vun egal wéi engem Mënsch ass net ze toleréieren. Dat verstéisst géint d'Mënscherechter. Asoufern ass et gutt a wichteg a richtig, dass sech hei mobiliséiert ginn ass iwwer déi lescht Joren, fir eppes ze thematiséieren, wat och nach mat Schimmt behaft ass, wou d'Frae sech ganz oft net trauen, driwwer ze schwätzen, wou driwwer gelaacht gëtt oder wou gesot gëtt: „Dat ass dach net esou schlëmm!“ Oder: „Sief net esou pipeg!“

De Conseil scientifique hei zu Lëtzebuerg huet de 14. Juli d'lescht Joer, viru genau engem Joer, Recommandatiounen erausginn, wou e sech och aschreift an d'Richtlinnen, déi vun der Weltgesundheitsorganisatioun virgi sinn. Op deenen hu mer geschafft.

Laut dëse Recommandatiounen ass de Schlëssel déi adaptéiert Prise en charge. Wat versteet een ënner enger adaptéierter Prise en charge? Ma eng Sensibilisatioun, eng Informatioun, déi gi gëtt vu Professionellen. De Patient huet d'Recht op Informatioun, eng respektvoll Informatioun. D'Kommunikatioun muss am Zentrum stoen. Et muss deen néidege Raum gi ginn, fir sécherzestellen, dass de Patient och versteet, wat op en duerkënnt. An hei géif ech och gären eng Kéier de Prinzipp vun der Selbstbestëmmung vun Kierper ënnersträichen, deen oft vergiess gëtt, wann aner Saachen op eemol am Vierdergrond sinn. Mee dat ass e Prinzipp, deen eis eigentlech soll guidéieren fir eng human Gesondheetsversuergung.

**Une voix |** Ganz richtig!

**Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé |** D'Informatioun soll idealerweis am Virfeld geschéien. Dat ass net ëmmer méiglech an der Urgence. Och do kënnt et zu Missverständnissen. Et kann een net alles an een Dëppe geheien. Mee wann dann emol esou eng Urgence ass, ass et natierlech ëmsou méi wichteg, duerno ze erklären, firwat eppes gemaach ginn ass, firwat en Akt geholl ginn ass. Oft ass den Dokter och an enger schwieriger Situatioun, wou e muss eng Decisioun huelen an handeln. Dat ass alles sécherlech net schwaarz a wäiss. Mee sécher ass, dass Sensibilisatiounen gefrot ass, dass mer do gefuerdert sinn, all zesummen.

D'Prinzippe vun de Patienterechter sinn nach eng Kéier gefestegt ginn hei zu Lëtzebuerg am Gesetz vun 2014, wou d'Rechter an d'Obligatiounen vum Patient an och déi Grondprinzippen nach eng Kéier am Gesetz festgeschriwwen gi sinn. Do steet de mutuellen, de géigesäitege Respekt am Vierdergrond, d'Dignitéit, d'Loyautéit an och ëmmer erëm eng Kéier d'Informatioun, déi de Prestataire dem Patient ze ginn huet, dat am Dialog, an eeben och d'Beméiungen, dem Patient sengem Wonsch Rechnung ze droen. Hie soll iwwer seng Gesondheet, iwwer säi Kierper bestëmmen kënnen. Dat soll de Prinzipp sinn.

Wat elo d'Prozeduren ugeet, wann engem net rechtens geschitt ass beim Dokter generell, an dat gëllt och an deem heite Kontext, do hu mer eng Rei Méiglechkeeten, déi gi sinn, a wou am Fong net differenziéiert gëtt, déi genau sou bei Violence gynécologique oder obstétrique kënne spille wéi an anere Kontexter.

Dat ass fir d'éischt emol am Milieu hospitalier selwer, wou all Spidol effektiv e Service de gestion des plaintes huet mat Chargés de relation avec le patient an och mat de Médecin-conciliateuren. Et ass ugedeit ginn, dass dat vläicht net ëmmer objektiv wier. Ech géif dat net gären am Raum stoe looszen. Ech sinn iwwerzeegt, dass e responsabelt Spidol justement beméit ass, och wëllen ze verstoen, wat leeft, a Missstänn opzehiewen an net den Deckel dropzesetzen.

Et gëtt awer donieft och aner Stellen. Mir hunn de Service national d'information et de médiation santé, deen an d'Liewe geruff ginn ass, deen onofhängeg ass, wou d'Leit sech kënnen hiwinnen. Do hunn ech nogefrot. Do war, vun deene ronn 50 Plainten, déi elo d'lescht Joer waren, am Beräich Gynécologie awer kee Fall, wou elo zum Beispill spezifesch Violence ugefouert ginn ass. Dat waren aner Kontexter.

Dann hu mer och nach d'Méiglechkeet vum Collège médical, deen Doleancé kann entgéinthele vu Patienten an deenen nogoen. An d'selwecht och fir eis eegen Direction de la santé: Mir gi reegelméisseg kontaktéiert, wa Leit net zefridde sinn an huelen da Kontakt op mat de Spideeler oder mat deenen Instanzen, déi kompetent sinn. Am Fall vun extremer Violence sexuelle oder kierperlecher Violence hu mer och d'Unité médico-légale vum LNS, déi eventuell kann Affer gesinn.

Dat heescht, mir sinn u sech do relativ gutt opgestallt. Mengem Empfannen no ass et méi d'Sensibilisatioun, déi nach feelt, d'Bewosstsinn: Wat ass richtig, wat ass net richtig? Wat kann ech mer gefale looszen? Oder wat ass normal? An ab wéini soll ech schwätzen? Soll ech mech enzwousch hin adresséieren? Ech mengen, dass mer hei nach ganz vill an enger Tabuzon sinn an dass d'Sensibilisatioun an enger éischer Phas vill wäert bewierken. Et feelt a mengen Ae vläicht manner u Strukturen, mee un dem Bewosstsinn, eppes ze artikuléieren, wat an eiser Gesellschaft awer nach oft doutgeschwige gëtt.

Mir hunn, Stand haut, keng Kenntnis vu Plainten, déi elo spezifesch an deem heite Kontext gemaach gi sinn. Och dat schwätzt warscheinlech fir sech. Et schéngt nach en Tabu ze sinn. Also et gëtt trotzdem vill Plainten, awer keng, wou dat heiten elo artikuléiert wär.

Mir sinn natierlech och beméit an eisen Aktiounspläng. De Plan d'action national „santé affective et sexuelle“ touchéiert an deen heite Sujet. Do sinn eng Rei Sensibilisatiounsaktiounen virgesinn a mir setzen eis generell dofir an, dass all Fra a generell och all Patient mam néidege Respekt soll traitéiert ginn. Dat soll eise Leitmotiv sinn.

Ganz konkret: Wat ass geschitt säit dem 14. Juli d'lescht Joer, wou déi Recommandatiounen vun eise Conseil scientifique komm sinn? Mir hunn doropshin eng Entrevue gehat, eng Reunioun, tëschent eiser Direktioun an der Société luxembourgeoise de Gynécologie et d'Obstétrique, fir ze kucken, wéi mer kënnen dës Recommandatiounen weider ëmsetzen. Säithier si Formatiounen ofgehale ginn iwwer dës Sociéitéit, d'SLGO, wou am Fong geholl eng spezifesch Formatioun mat Experten och aus dem Ausland ofgehale ginn ass an enger éischer Phas, fir déi Professionell ze sensibiliséieren.

Mir sinn och elo a Kontakt – oder si sinn a Kontakt, besser gesot – mat der franséischer Dokterschaft. Do ass eng Charta ausgeschafft ginn, déi mer, esou wéi et ausgesäit, och wäerten iwwerhuelen. Dat sinn op alle Fall déi Diskussiounen, déi lafen. Dat ass eng Charte de consultation en gynécologie et obstétrique, déi, déi Frankräich elo ... – déi ass vum Oktober d'lescht Joer –, déi an alle Cabineten aushänkt. Dat sinn déi Pisten, op deenen am Moment geschafft gëtt. Ech kann Iech also an deem Sënn berouegen, dass, säit déi Recommandatiounen do sinn, déi eis elo de Kader hei am Land ginn, Gesprécher lafen. Do ass och e ganz oppent Ouer, fir weider dodrobber ze schaffen, an eng Rei Initiativen, déi elo och schonn am Virfeld geholl gi sinn.

Ech géif vläicht, wann Der erlaabt, eng Kéier kuerz op d'Motiounen agoen, déi eragereecht gi sinn. Ech si selwer e bësselche skeptesch, dass ee soll eng



Définition juridique hu vun eppes, wat Violence ass. Dat ass ëmmer ganz subjektiv. Et ass schwéier, all Typ vu Violence wierklech an e Gesetz anzeschreiwen. Et ass meng Iwwerzeegung, dass een hei soll méi op Sensibilisation setzen, wierklech Formation, Bewosstsinn schafe fir eppes, wat net normal ass, wat vläicht an der Praxis agerass ass iwwert d'Joren, mee wat net normal ass. Ech denken, dass een do vill ka bewierken. Ech ginn och dovunner aus, dass Interesse besteet – dat ass dat, wat ech op alle Fall gesot kritt hunn – un deem Thema, och vum Berufsverband selwer.

Fir de Rescht kann een natierlech gären a Richtung Enquête qualitative goen. Dat wat mir hunn, dat sinn Informatiounen, wéi een Typ vu Plainten erakommen. Mir hunn awer nach ni Befrounge bei de Patienté gemaach. Dat ass sécherlech eng Pist, déi ech gäre ka mat op de Wee huelen, mat deene Concernéierten ze schwätzen. Dat schéngt mer ganz interessant, dass een op deem Wee eeben nach besser Donnéeë kritt. An an deem Sënn och d'Promotioun vu statisteschen Donnéeën, déi méi prezis sinn – dat kënne mer gären aleeeden. Ech denken, dass dat eppes ass, wat ee mat de besteënden Instanzen, déi Plainten entgéintheulen, kéint uschwätzen, fir dass een e spezifesch Relévé kritt fir déi dote Saachen.

Dir hat och gefrot, dass de Système de surveillance de santé périnatale, de SUSANA, an de Registre PERINAT rëm sollen aktivéiert ginn. Ech géif gären ënnersträichen, dass déi ni ënnerbrach waren. Déi Donnéeë si kontinuëierlech erhuewe ginn, just de Rapport ass e bëssen a Verzuch komm duerch d'Pandemie. Den LIH ass do de Point de contact zu Lëtzebuerg, a si sinn amgaangen, de Rapport elo fir d'Joren 2016, 2017 an 2018 ze finaliséieren. Pandemiebedéngt konnt deen net finaliséiert ginn, mee et ass awer net esou, dass mer de Recensement vun den Donnéeën ënnerbrach hätten. Dat kënnt also mat e bësse Verspéidung.

Déi zweet Motioun, déi drop ofziilt, d'Personnes trans et non-binaires mat ze couvréieren, schéngt mer selbstverständlech. Ech gesinn do absolut kee Problem. Dat schéngt mer evident, dass mer all d'Leit hei solle mat consideréieren an och d'Sensibilisation an déi Richtung weiderdriewen.

Zu de Plainten – dat ass déi drëtt Resolutioun, wéi gesot –, do hunn ech elo meng Meinung geäussert. Ech denken, mir hu vill Instanzen. Ech géif an enger éischter Phas éischter vläicht och do nach eng Kéier sensibiliséieren, opgrond vun deene Recommandatiounen, déi elo komm sinn. Dat ass jo alles rezent, och déi Formationen, déi gemaacht gi allen. Ech weess net, ob et dénglech ass, nach eng Zousatzell ze schafen. Ech hunn éischter d'Gefill, dass et schonn e bësse schwieereg ass fir de Patient ze wëssen, u wien e sech kann adresséieren. En huet am Fong vill Méiglechkeeten. Eng zousätzlech zu deem Zäitpunkt, weess ech net, ob et onbedéngt hëllefërlech ass an enger éischter Phas.

Dann och d'Thema Gebuertschaus, ëmmer erëm ugeschwat, ech hat et virdrun, mengen ech, och schonn erwähnt: Mir sinn do och ganz oppen am Ministère, mir hunn och eng Entrevue elo geplangt am Juli. Da gëtt gefrot, fir d'Kreatioun ze ënnerstëtzen oder d'Méiglechkeet ze studéieren. Mir ass d'Studéiere vun der Méiglechkeet à ce stade méi léif. Dat ass dat, wat mer souwiso och geplangt hunn. Mir kënnen och gären en Echange an der Kommissioun hunn dodriwwer. Et muss een dat Ganz eebe gutt evaluéieren: Wat sinn d'Impakter op eis aner Services? Wéi soll ech soen, impaktéiere mer net d'Service an de Spideeler doduerch, dass mer Personal no bausse mobiliséieren?

Ech hunn d'Äntwert haut net. Dofir sinn ech éischter an engem Modus, dass ech mer dat ulauscheren, probéieren ze verstoen, wat de Plus ass, wat d'Viran Nodeeler dovunner sinn, fir eng éclairéiert Decisioun kënnen ze huelen, dat Ganz an engem oppene Geescht, jiddefalls.

Voilà. Dat war dat, wat ech dozou wollt soen.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Gesondheetsministesch.

### Motions

Da kéime mer elo zur Diskussioun respektiv dem Vott vun de Motiounen.

### Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1. Wie wëll nach dozou d'Wuert ergräifen? Madamm Diane Adehm.

**Mme Diane Adehm (CSV)** | Jo, merci, Här President. Mir hunn eis déi Motioun 1 ugekuckt. Mir hunn e bëssen e Problem mam éischte Punkt, „élaborer une définition juridique des VGO“, well mer eis froen, wéi een dat maache soll. Well notament am Rapport „Santé de la femme“ sinn eng ganz Partie verschidden Definitiounen opgezielt. Mee fir elo dorausser eng Definition juridique ofzeleeden, do gesi mir e bësse Schwieregkeeten, fir dat ze maachen.

An dann och „Enquête qualitative“: De Problem ass, dass et eppes ass, wat all Fra subjektiv empfënnt an déi Enquête doduerjer warscheinlech och wäert subjektiv ausgoen. Mat de Punkten 3 a 4 hu mir guer keng Problemer. An duerfir géife mir proposéieren, eis bei där heiten ze enthalten, eebe wéinst den éischten zwee Punkten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Adehm. Dann den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President. Villmools merci deene Lénken och fir dës Motioun. Si huet e bëssen déi Tonalitéit, déi och an enger Rei vu Rieden haut opkomm war. An dat ass e bëssen, dass mer elo d'Gynekologen an och d'Hiewammen ënner Generalverdacht stellen, amplaz emol Merci ze soe fir déi fantastesch Aarbecht, déi awer do geleescht gëtt. Ech mengen, dat ass awer emol virun allem ze ënnersträichen.

An et sinn och eng Rei vun deenen Dammen haut, déi gesot hunn, dass si sech ganz gutt behandelt gefillt hu beim Gynékolog. An ech mengen, et ass ganz wichteg, dat emol ze ënnersträichen, déi Qualitéit, déi do geleescht gëtt.

A wa mer elo ufänken, e Berufsstand ënner Generalverdacht ze stellen, dann huet dat eng ganz Rei Konsequenzen op d'Vertrauensverhältnis zwëschen dem Dokter, der Hiewamm an der Fra an aneren Ëmstänn, och op den Nowuess an deem Beruff. Wann den Nowuess weess: Hei, wann ech Gynékolog ginn, da risquéieren ech permanent, wann e „mal vécu“ ass bei enger Gebuert – an eng Gebuert ass eppes, wat ganz schwéier ka sinn, mat ganz vill Péng verbonnen –, wann dann dorausser eventuell och nach de Verdacht vun enger Gewaltsituatioun kënnt an ech kommen och nach viru Geriicht ... – mee wou féiert dat hin!

Ech mengen, mir müssen eis awer och e bëssen iwwerleeën, dass mer Politik mat Verantwortung sollte maachen an hei net probéieren, duerch esou Aktiounen awer wierklech e Fundament vun eisem Gesondheetssystem ze desequilibréieren. Dat kann et net sinn!

D'Madamm Minister huet an hirer Interventioun och zu Recht gesot, dass et schonn eng Rei Instanzen gëtt,

déi Plainten entgéintheulen: hiren eegene Ministère, d'Patientevertriebung, de Collège Médical an anerer. Ma da kommt, mir vertrauen deenen Instanzen, mir vertrauen de Gynékologen!

Ech sinn iwwerzeegt ... an dann anescht wéi d'Madamm Minister, d'Madamm Minister huet gesot: „Mir hu keng Plainten, dat weist, dass do en Tabu ass.“ Ma et ass iwwerhaupt keen Tabu! Wa mer keng Plainten hunn, weist dat haaptsächlech eng grouss Zefriddenheet vun de Patientinnen.

Et ka vläicht Ausname ginn, awer loosse mer déi Saach dach positiv gesinn, d'Dokteren ënnerstëtzen. Wann et natierlech sollt zu enger Gewaltsituatioun kommen, da sinn der ganz vill – an déi betrafte Berufsorganisatiounen un éischter Plaz –, déi wäerten dergéint virgoen. Mee déi Mentalitéit hei hannendrun, déi Mentalitéit, de Berufsstand ënner Verdacht ze stellen, déi dréit d'ADR net mat, a mir soen heizou Nee.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. Dann huet d'Madamm Hemmen d'Wuert gefrot.

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Bon, et betrëfft dann effektiv d'Motioun 1, Här President, wéi Der dat och gefrot hutt. Ech referéiere mech och dorop, wat d'Ministesch elo grad gesot huet, dass et effektiv schwéier ass, eng Definitioun, eng juristesche Definitioun, opzestellen, ze elaboréieren. Dofir géife mir proposéieren, dësen Invite ze sträichen. Mir géifen dann awer déi dräi aner Invitten, déi Der eis an der Motioun proposéiert hutt, bäibehalen. An da wäre mer d'accord, fir déi Motioun unzehuelen, virausgesat, wéi gesot, mir géifen d'Elaboratioun vun der Définition juridique als Invite op der Säit loossen. Wann dat fir Iech ok wär, da géif ech recommandéieren, déi Motioun unzehuelen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech géif dann direkt d'Wuert un den Auteur vun der Motioun ginn, d'Madamm Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Merci, Här President. Villmools merci fir all Är Reaktiounen. Ech gi ganz gären dodrop an. Bon, ech hunn zwar virdrun och e puermol eraushéieren, dass eng Definitioun gutt wier. Et wär interessant, eng Definitioun ze hunn, ech hunn dat elo e puermol hei héieren, dofir wonnerech mech e wéineg.

Mee ech sinn awer ganz frou iwwert déi konstruktiv Aart a Weis, dass mer kënnen esou weiderschaffen. Dofir, ech si ganz gewëllt, dat ze maachen.

Ech muss awer dem Här Kartheiser äntweren. Also seng Ënnerstellung fannen ech elo wierklech erëm eng Kéier onméiglech. Ech sinn em dankbar, dass e mer säi richtegt Gesiicht mol erëm eng Kéier weist. Da weess ech och erëm, wou mer dru si mateneen.

Mee ganz éierlech, e Generalverdacht vun engem ganze Berufsstand! Ech hu vu Pratiqé geschwat, vu Gewunnechte geschwat, sou, an ech mengen, ech hu mech op Zuele baséiert, op Referenzen, well ech hu kloer gesot, et geet net ëm eenzel Persounen, et geet net ëm d'Dokteren, net ëm d'Gynekologen, net ëm d'Hiewamm, et geet ëm d'Pratiqen, déi verankert sinn a gewëssene Gewunnechten. Dat ass och ze verstoen, et gouf och hei gesot: Verschiddener sinn onbewosst. Mee bon, Dir muss mer Saachen an de Mond leeën! Maacht dat, wann Der wëllt! Dat ass Är onéierlech Aart a Weis, dat si mer gewinnt.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis. Da freet nach den Här Goergen d'Wuert.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Also ech sinn och frou, dass den éischten Invite erauskennt. Ech hat mer nämlech extra ugestrach, dass

deen e bësse méi problematesch ass an dass een do länger misst driwwer diskutéieren.

Ech gesinn eng Enquête qualitative och éischter als Bonus fir d'Gynékologen, well, wann een alles richteg mécht, da kënnt dat jo eraus. Da gëtt ee jo en plus nach gelueft.

**Une voix** | Jo.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dat heescht, et ass kee Generalverdacht oder soss eppes, dofir ass dës Motioun ganz positiv an ech wäert se och matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. An da kënne mer iwwert dës Motioun ofstëmmen mat deene Modifikatiounen, wéi se vun der Madamm Hemmen proposéiert gi sinn. Nach d'Wuert un d'Madamm Diane Adehm.

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Ech wollt just nach soen, wann d'Définition juridique vun de VGO erausgeholl gëtt, da kënne mir se och matdroen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci. Da kënne mer dann zum Vott vun der Motioun Nummer 1 kommen.

### Motion 1 modifiée

*La Chambre des Députés,*

– considérant que depuis le début des années 2000 la parole des victimes de violences gynécologiques et obstétricales (VGO) s'est progressivement libérée au niveau international, notamment dans le cadre de campagnes de témoignages sur les réseaux sociaux portées par les mouvements féministes ;

– vu la déclaration de l'OMS en 2014 dénonçant les traitements non-respectueux et abusifs dont peuvent être victimes les femmes et personnes dotées d'un utérus lors de leur accouchement dans des hôpitaux ;

– vu les recommandations de l'OMS en 2018 sur les soins « intrapartum » pour une expérience positive de l'accouchement dans l'optique de lutte contre les interventions médicales non consenties ;

– vu la résolution de 2019 adoptée par le Conseil de l'Europe pour lutter contre les violences obstétricales demandant aux parlements nationaux de débattre sur la protection des droits des patient.e.s dans le cadre des VGO ;

– vu le rapport sur les actes sexistes durant le suivi gynécologique et obstétrical commandité en 2018 par la secrétaire d'État chargée de l'Égalité entre les femmes et les hommes en France ;

– vu la ratification par le Luxembourg de la Convention d'Istanbul ;

– vu le rapport de 2021 sur les VGO « Santé de la Femme » élaboré par un groupe de travail mis en place par le Ministère de la Santé au Luxembourg ;

– considérant que les violences gynécologiques et obstétricales sont enfin devenues un sujet politique et désormais traitées comme une question de santé publique au niveau international ;

– considérant que le rapport « Santé de la Femme » sur les VGO du Groupe de travail du Conseil scientifique dans le domaine de la Santé contient principalement des données datées et des recommandations préventives ;

– considérant qu'une définition juridique à la fois de la violence gynécologique et de la violence obstétricale fait encore défaut au Luxembourg ;

– vu les définitions des VGO telles que reprises dans le rapport « Santé de la Femme » en référence à celle de la Convention d'Istanbul et de l'Institut de Recherche et d'Action pour la Santé de la Femme en France,

*invite le Gouvernement*

– à commanditer des enquêtes qualitatives sur les VGO auprès des patient.e.s ;

– à promouvoir la création de données statistiques précises et régulières sur les violences gynécologiques et obstétricales ;

– à réactiver le système de surveillance de la santé périnatale (SUSANA) et à mettre à jour les données du registre PERINAT en poursuivant l'élaboration et la publication des rapports triennaux sur les naissances et leur évolution depuis 2011.

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

### Vote sur la motion 1 modifiée

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 56 Jo-Stëmmen géint 4 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Félix Eischen), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler (par M. Paul Galles) et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

### Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Wie wëllt nach do d'Wuert ergräifen? Madamm Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Also wat d'Motioun Nummer 2 ubelaangt, ech mengen, do si mer ganz kloer am Domän vun der Égalité des genres an do steet d'LSAP voll derhannert, a mir géifen dann och proposéieren, déi Motioun matzestëmmen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hemmen. Den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo, merci. Ech hat et jo schonn an der Ried ugedeit, dass mer genau op deen dote Wee sollte goen, fir dass jiddereen do gläichberechtigt ass a jiddereen och mat an déi Date geholl gëtt. Deementspriedend sinn ech och derfir.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Diane Adehm.

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech hat dat doten och am Numm vun der CSV gefrot an dofir droe mir déi heite Motioun och mat. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Adehm. An dann ass et um Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President. Erëm eng Kéier ganz interessant: Et si siwe Parteien heibannen, dovunner liewen der sechs am Beräich vun der Ideologie an eng am Beräich, ...

(Brouhaha et hilarité)

... sechs am Beräich vun der Ideologie an eng am Beräich vun der Biologie!

**M. Gilles Baum** (DP) | Här Kartheiser, et ass ëmgedréint, et ass ëmgedréint!

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dir leeft am Mëttelalter!

**M. Gilles Baum** (DP) | Et ass ëmgedréint, Dir sidd am Beräich vun der Ideologie a sechs an der normaler Welt!

(Coups de cloche de la présidence)

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, ech wëll just – ech hoffen, datt ech elo heibannen d'Kolleege net allze vill schockéieren –, ...

(Interruptions)

... mee ech wollt Iech soen, datt an eisen Aen – dat ass déi biologesch Schoul hei am Parlament – eng „personne dotée d'un utérus“ eng Fra ass. Dofir ass dat heiten iwwerflësseg: Eng Fra ass eng Fra, e Mann ass e Mann, et gëtt genau zwee Geschlechter, dat ass Biologie!

(Brouhaha)

An domadder ass eis Positioun kloer. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Ech mengen, da kënne mer zum Vott vun der Motioun 2 kommen.

**Mme Simone Beissel** (DP) | Dir leeft an engem anere Joerhonnert!

### Vote sur la motion 2

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 2 ass mat 56 Jo-Stëmmen géint 4 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler (par M. Paul Galles) et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché),



M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

### Motion 3

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3. Madamm Hemmen, wannechgelift.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Jo, merci, Här Präsident. Also bei dëser Motioun, mengen ech, hat d'Madamm Minister sech och scho geäussert, an et ass eigentlech och dat, wat fir eis kloer ass: Et gëtt schonn eng ganz Partie Schlichtungsstellen. Et gëtt Plazen, wou ee sech kann hiwenden am Fall, wou een e Problem huet. Dofir menge mer, dass et de Moment vläicht net ubruecht wär, nach en zousätzleche Bureau des plaintes ze schafen. A mir géifen dann dës Motioun ofleenen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hemmen. Da geet d'Wuert un d'Madamm Diane Adehm.

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Merci. Also mir haten dann als CSV dat heite gefrot. Dofir, mam éischten Invite si mir ganz gär bereet, mee wou mer awer och Demandeur wieren, dat wier, wann et schonn esou vill där Schlichtungsstelle gëtt, da wier et interessant, déi emol eng kéier an der Santéskommissioun ënnert d'Lupp ze huelen an ze kucken, wéi eng da fir wat zoustänneg ass.

Par konter, den zweeten Tiret, fir do dee „prévoir un mécanisme d'examen des plaintes“ anzeféieren, do hu mir e bëssen e Problem domadder, wann do steet „excluant toute médiation“. Well mir sinn der Meinung, et soll een awer ëmmer matenee schwätzen an et soll ee matenee kommunizéieren, an et sinn heiansdo medezinnesch Noutagrëffer, déi musse gemaach ginn, wou d'Urgence et empêchéiert, dass ee laang am Virfeld driwwer schwätzt. Et muss einfach op de Moment gemaach ginn.

A wann een dann herno im Nachhinein e Gespréich sicht, menge mir, dass sech awer ganz vill aus dem Wee raume léisst. An duerfir, doduerch dass „excluant toute médiation“ drasteet, kënne mir dat heiten net matdroen a mir géifen eis eebe wéinst deenen dräi Wiederer dann enthalen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Adehm. Da geet d'Wuert bei den Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci. Also déi Schlichtungsstell, Bureau des plaintes, hat ech jo virdu schonn esou an der Ried erwänt, eebe ganz einfach, well et eng ganz intim Situatioun ass an een do eng ganz neutral Stell brauch. Et kann een net bei déi goen, déi schonn do sinn – wann der do sinn –, a scho guer net bei d'Spideeler oder do, wou et geschitt ass. Deementspriedend ass et genau déi Forderung, déi ech virdu dofir genannt hunn. Dofir wäert ech dat och haut esou matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Da ginn ech nach eng kéier d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här Präsident. Ech géif just op e puer Saachen agoen. Also d'Madamm Adehm sot elo eppes vun de Schlichtungsstellen. Et gëtt keng Schlichtungsstell. Et gëtt

effektiv eng Rei Instanzen, wéi d'Madamm Ministesch gesot huet, mee dat sinn allkéiers just Instanzen, wou ee kann eng Plainte oder eng Beschwerde erschécken, mee da bleift et meeschtens do leien.

Dozou hat ech och eng kéier eng Question parlementaire gestallt. Déi Plainté ginn net wierklech opgeschafft, dat ass jo de Problem. Mir hunn de Mediateur, mee de Mediateur, dee këmmert sech just ëm d'Médiatioun. D'Médiatioun ass effektiv eng Etapp, jo. Do geet et jo drëms, am Friden u sech, eng diplomatesch Léisung, eng Léisung ze fannen. Dat ass och schéin a gutt, mee et gëtt vill Fäll, wou dat net duergeet, jo.

Et geet duer, wann et zum Beispill e Problem ass, wou et just un der Kommunikatioun louch, wéi ech virdu och gesot hunn. Do geet dat duer, d'Médiatioun. Mee et gëtt awer effektiv Fäll vu wierklecher Gewalt, wou dat dann net duergeet, jo, an do brauch een en anere Mechanismus, wou ee kann eng Plainte areeche a wou déi och, wéi ech hei geschriwwen hunn, examinéiert gëtt, an dat hu mer zu Lëtzebuerg net.

Mir hu keng esou eng Schlichtungsstell an ech wäert just soen, dass den Tiret, den zweeten, tel quel aus der Resolutioun vum Conseil de l'Europe kopéiert ass. Dat sinn net meng Wieder, déi hunn dat geschriwwen, „excluant toute médiation du conseil de l'Europe“, well et eeben eng aner Instanz ass. D'Médiatioun ass eng Instanz, dat hei ass eng aner. Déi sinn u sech fir zwou verschidden Zorte Plainten, dat ass complémentaire.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. Ech mengen, da kënne mer zum Vott vun der Motioun Nummer 3 kommen.

### Vote sur la motion 3

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 3 ass bei 4 Jo-Stëmme géint 35 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Cloeser, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Diane Adehm), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Félix Eischen), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Paul Schaaf), Claude Wiseler (par M. Paul Galles) et Michel Wolter (par M. Marc Lies).

### Motion 4

Da kéime mer zur Motioun Nummer 4. D'Madamm Cécile Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Jo, merci, Här Präsident. Wat elo d'Motioun 4 ubelaangt: Ech mengen, jiddwereen huet haut de Mëtteg vum Gebuerts Haus geschwat. Och d'Madamm Minister huet dovou geschwat, dass si d'Initiateure vun deem Projet elo nach virun der Vakanz wäert gesinn, soudass mer eis nach kënne drop gefaasst halen, dass mer do nach eng ganz Partie Informatiounen wäerte kréien.

Ech géif mengen, fir beschtméiglech informéiert ze bleiwen, géif ech proposéieren, dës Motioun an d'Kommissioun ze iwwerweisen, fir dass mer do dann och zesumme mat der Ministesch kéinten un deem Projet weiderschaffen an dann och beschtméiglech à la longue informéiert ginn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hemmen. Da géif ech d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Motioun gi fir ze froen, ob se d'accord wier, d'Motioun un d'Kommissioun ze verweisen.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Also eigentlech schonn. Mee mir wësse jo, wéi dat ass: An der Kommissioun kënne d'Saachen awer emol schlee-fen. Et wier awer interessant, wann ech elo ..., wa mer elo wësst, dass et géif ...

(Interruption)

Bon, dat gëtt et awer emol, gell. Et kann ee jo net soen, dass et dat lo net géif ginn.

Mee bon, wann dat elo déi eenzeg Optioun ass, fir dass mer virukommen – et geet jo drëms, dass d'Saach weiderkënn – da soen ech gären zou. Merci villmools.

### Vote sur le renvoi de la motion 4 en commission

**M. Fernand Etgen**, Président | Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun un d'Kommissioun verweisen.

(La motion 4 de Mme Nathalie Oberweis est renvoyée à la Commission de la Santé et des Sports.)

### Motion 5

Da kéime mer zur Motioun Nummer 5, déi vun de Piraten deposéiert ginn ass. Wie wëllt nach zu där Motioun d'Wuert ergräifen? D'Madamm Ministesch.

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Jo, wann Der erlaabt, ech hat et vergiess, wéi ech virdu douewe stoung, oder se war nach net eran. Dat kann och sinn.

Mir hunn u sech iwwert déi Recommandatiounen, déi d'lescht Joer vum Conseil scientifique komm sinn, zimmlech prezis Definitiounen. Do ginn all déi Praxis-sen, och déi, déi Dir erwänt hutt, wierklech ganz detailléiert opgefëiert, soudass ech eigentlech der Meinung sinn, dass mer à ce stade elo eng gutt Basis hu fir Recommandatiounen. An d'Zil ass elo wierklech, dat an de Secteur eranzebréngen iwwert déi Formatiounen, déi scho gelaf sinn, iwwert déi Charta, déi och amgaangen ass, wou de Secteur wierklech dru schafft, fir déi och dann ze finaliséieren an an de Praxissen auszehänken, soudass et mengem Gefill no vläicht e bëssen ze vill beieneen ...

Mee mir hunn u sech elo eng gutt Basis, déi wierklech detailléiert ass. Wann een déi Recommandatiounen liest, mengen ech, versteet een, wat ee mengt. Och

dofir, de Besoin vun der Definitiou gesinn ech net esou ausgeprägt, well hei awer ganz kloer Richtlinie kommen, wat dodrënner ze verstoen ass. Ech mengen, et geet elo wierklech méi drëms, dat ënnert d'Leit ze bréngen, op den Terrain ze bréngen, wéi nach zousätzlech ze erfassen, ëm wat et geet. Et ass relativ kloer, ëm wat et geet.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Gesondheitsministesch. Da ginn ech d'Wuert zréck un den Auteur, den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Jo, merci, Här Präsident. Ech hunn der Ministesch elo gutt nogelasschert. A wann ech se elo richtig verstane hunn, ass dat jo alles schonn erfëllt, wat hei an der Motioun esou wäit steet. Deementspreechend géif ech se dann zréckzéien an da géife mer a sechs Méint nach eng Kéier driwwer kucken, wat d'Erfollegger ware bezéiungsweis wat et um Terrain bruecht huet.

Merci.

*(La motion 5 de M. Marc Goergen est retirée.)*

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen.

### Motion 6

Da kënne mer zur Motioun Nummer 6 kommen. Wie wëllt nach dozou d'Wuert ergräifen? D'Madamm Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Jo, merci, Här Präsident. Ech mengen, hei si mer an der Kontinuitéit vun der Motioun Nummer 4, déi mer jo an d'Kommissioun verweisen hunn. An ech géif da proposéieren, och dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech gesinn, datt d'Madamm Oberweis jo wénkt.

### Vote sur le renvoi de la motion 6 en commission

Wien ass d'accord, fir d'Motioun Nummer 6 an d'Kommissioun ze verweisen?

*(Hilarité)*

**Mme Cécile Hemmen (LSAP)** | Et ass den Här Goergen, et ass den Här Goergen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass och d'Motioun Nummer 6 esou wéi d'Motioun Nummer 4 an d'Kommissioun verweisen.

*(La motion 6 de M. Marc Goergen est renvoyée à la Commission de la Santé et des Sports.)*

## 8. Motion de Mme Martine Hansen relative à la campagne renforcée de sensibilisation et d'information relative aux risques objectifs du cannabis

*(Motion déposée en séance publique n° 63 du 29 juin 2022 – à consulter au compte rendu n° 22/2021-2022 en page 08)*

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour. Dat ass d'Motioun vun der Madamm Martine Hansen iwwert d'Sensibiliséierungs- an Informatiounscampagne iwwert d'Risiko vum Cannabiskonsum. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Carole Hartmann, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Josée Lorsché, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo den Auteur vun dëser Motioun, déi honorabel Madamm Martine Hansen.

### Exposé

**Mme Martine Hansen (CSV), auteure** | Merci, Här President. D'Madamm Minister war virun, mengen

ech, zwou Wochen a Portugal, an opgrond vun deem, wat mer dunn héieren hunn, hat ech och u sech dës Motioun deposéiert: Mir hunn héieren, datt d'Regierung nieft dem Ubau vu medezinneschem Cannabis an enger zweeter Phas och géif plangen ze erlabe, dee rekreative Cannabis hei unzabauen.

Dat ass u sech e relativ kloer Message vun der Regierung: Den Tram vun der Legaliséierung geet u sech nach méi wäit wéi dat, wat mer bis elo gewosst hunn. Cannabis ass awer nach ëmmer eng Drog! An de Message, deen am Moment bei deene Jonken ukomm ass ... Ech gi gären dovunner aus, datt deen net bewosst esou gemaach ginn ass, dee Message, mee en ass leider ukomm: „De Cannabis ass net schlëmm, e gëtt jo legaliséiert. Den Ubau gëtt och legaliséiert. Mir wäerte scho kënne eng dämpfen, do geschitt net vill.“

An eisen Aen ass dat extreem schwieereg, wann deen do Message bei deene Jonken ass, an do musse mer entgéintwierken, well de Cannabis ass definitiv keng Kamell a sécherlech virun allem och net bei deene Jonken.

An ech si vläicht do e bësse geschiedegt, well ech hu wierklech a menger Zäit als Direktesch an der Schoul eng Partie Jonker erlieft. An déi erlieft keen, deen am Lycée ass, soen ech Iech, well am Lycée trëlle se jo erof, also se bleiwe jo net am Lycée, wa se et net packen. Mee déi hate Problemer an déi hunn hiert Liewe wierklech verkorkt doduerch, datt se Cannabis geholl hunn. Et ass mat Cannabis ugaang!

Also wëll ech wierklech soen: Et ass extreem wichteg, datt mer deene Jonken de Message ginn: „Dat doten ass eng Drog an et ka wierklech Konsequenze fir Iech hunn, gesondheetlech Konsequenzen an och nach aner Konsequenzen!“

A wann ech dann de Weltdrogerapport kucken, ech hunn hei den offizielle Communiqué vun der UNO, do steet dran ... „Premiers enseignements des effets de la légalisation du cannabis“, do stinn u sech zwee Punkten. Deen éischte Punkt ass: „La légalisation du cannabis dans de nombreux territoires d'Amérique du Nord semble avoir entraîné une augmentation de la consommation quotidienne de cannabis, en particulier de produits puissants et surtout chez les jeunes adultes.“ An en zweete Punkt: „Les signalements de personnes souffrant de troubles psychiatriques, de suicides et d'hospitalisations ont augmenté.“ Dat ass alles ënnert der Iwwerschrëft vun der Legalisatioun vum Cannabis.

A genau dowéinsten fanne mer, ass et extreem wichteg, datt mer agéieren, well d'Legalisatioun vum Cannabis schéngt – esou steet et am Rapport, esou steet et och an eiser Motioun – definitiv Konsequenzen op de Konsum bei deene Jonken ze hunn.

An d'Madamm Tanson sot op RTL, wann d'Gesetz bis gestëmmt wär, da géif och nach méi eng verstärkt Campagne, Sensibiliséierungscampagne an Informatiounscampagne, bei deene Jonke geschéien.

Fir eis ass et extreem wichteg, datt déi Campagne elo geschitt. Well wa bis bei deene Jonken am Kapp ass: „Dat do ass net schlëmm, do geschitt mer net vill, et ass jo legaliséiert, do kann näischt geschéien, et ass u sech nach bal vläicht gesond“, dann ass et bis am Kapp, a mir musse verhënnere, datt dat an de Kapp kënnt. An dofir muss déi Campagne de sensibilisation, déi vläicht schonn do ass – mee ech kann Iech soen, ech hunn nach ee Kand, wat am Lycée ass, an do ass nach net ganz vill doriwwer geschwat ginn –, verstärkt ginn, an déi muss direkt verstärkt ginn. Do dierfe mer keng Zäit verléieren!

An duerfir fuerdere mer an dëser Motioun d'Regierung op, elo eng verstärkt Campagne ze preparéieren, fir datt déi da kann am Hierscht ufänken an der Schoul, wéi gesot, net nëmmen iwwert déi gesondheetlech Nieweneffekter, mee och fir ze informéieren, wat geschitt – ech fuere mam Auto, ech bauen en Accident an ech hu Cannabis am Blut, wat sinn dann d'Konsequenzen? –, datt een doriwwer ganz neutral informéiert.

Dat selwecht u sech och fir alleguer d'Bierger, well ech denken, de Cannabiskonsum huet och bei den normale Bierger Konsequenzen. Datt een also do déi Sensibiliséierungscampagne elo preparéiert an dann am Hierscht ulafe léisst, wierklech eng verstärkt Sensibiliséierungscampagne, well déi, déi mer elo hunn, geet net duer!

Ech soen Iech Merci.

### Plusieurs voix | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hansen.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann agedroen. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**Mme Carole Hartmann (DP)** | Här President, Kolleginnen a Kollegen, als Politik hu mir d'Aufgab, d'Gesondheet vun eise Bierger ze schützen. Mir musse si opklären an hinnen déi néideg Ressourcen a Kompetenze ginn, fir kënne kritesch ze denken. Mir mussen e legale Kader schafen, deen de gesunde Liewensstil fërdert, an de Leit awer och Eegeverantwortung fir hir Gesondheet iwwerloossen.

Am Kader vun der Interpellatioun iwwert d'Legaliséierung vum Cannabis virun engem gudden Joer, hat ech gesot, dass, wann de Cannabis zu Lëtzebuerg legaliséiert gëtt, mir d'Effentlechkeet nach besser iwwert d'Risiken, déi mam Cannabiskonsum verbonne sinn, opkläre mussen. An ech erënnere mech nach zimlech gutt un déi Interpellatioun a mir waren eis u sech alleguerten eens, dass et iwwerhaapt net ëm eng Verharmlosung vum Cannabiskonsum geet, mee dass mer alles dorunner setzen, dass mat där Legaliséierung och preventiv soll geschafft ginn.

### Plusieurs voix | Très bien!

**Mme Carole Hartmann (DP)** | Elo, wou en éischte Projet de loi um Instanzewee ass, bleiwen ech och dobäi: D'Preventioun an d'Sensibiliséierung spillen eng absolutt Schlësselroll fir de Succès vun der Legaliséierung.

An, Madamm Hansen, d'Regierung huet net gewaart, bis dës Projet, deen elo um Instanzewee ass, do war, fir éischt Preventiionsmesuren auszuschaffen.

### (Interruption)

2020 ass nämlech schonn den zweeten nationalen Drogenaktiounsplan lancéiert ginn. An Haaptzil vun deem Aktiounsplan, deen iwwregens bis 2024 leeft, ass et, zu engem bessere Schutz vun der effentlecher Gesondheet, der effentlecher Sécherheet an der sozialer Kohäsioun bäizedroen.

Am Oktober 2021, dat heescht, nodeems mer déi Interpellatioun haten, hunn d'Ministère vun der Santé, der Educatioun, der Justiz, der Sécurité intérieure an den Affaires étrangères dunn en éischte Mesurëpak presentéiert, fir d'Problemer vum Drogenkonsum, dem Suchtverhalten an der Drogenkriminalitéit unzegoen.

Bei der Preventioun vun de Kanner a Jugendlechen ass d'Schoul natierlech – an dat ass richtig – een Haaptacteur. Am Mesurëpak gouf dohier och festgehalten, dass all Lycée zesumme mam Service Impuls



en eegent Konzept muss ausschaffen, wou festgehal gëtt, wat mat de Schüler geschitt, déi am Schoulgebai Droge konsuméieren, a wéi eng Preventiounsmesuren ënnerholl ginn.

Do dernieft sollen déi Jonk an hirem Selbstvertraue gestärkt ginn a léieren, sech selwer an hir Mat-schüler ze respektéieren. Am Kader vum Jugendpakt 2022-2025 huet de Ministère dofir eng ëmfaassend Strategie op d'Bee gestallt, fir d'Wuelbefanne vun de Jonken ze stäerken.

Eent vun den Ziler heivunner ass et, datt déi Jonk Risike besser aschätze kënnen an e bewosste Choix kënnen treffen a soumat och, d'Suchtverhalten ze reduzéieren.

Weider sollen d'Risike vum Drogekonsum och fest an d'Schoulprogrammer integréiert ginn. De cnapa, dat heescht de Centre national de prévention des addictions, ass amgaangen, konkret Moduller fir d'Fächer „vie et société“ am Lycée a Sciences naturelles am Fondamental auszeschaffen.

Ab der Rentrée 2023 sollen deemno am Cycle 4.2, op de Septièm, Sixièm, Quatrièm an Troisième Moduller iwwer Suchtverhalten, Gestion des risques a spezifesch iwwert de Cannabiskonsum enseignéiert ginn.

Ganz am Sënn vun enger holistescher Approche sollen awer net just déi Jonk, mee och de Grand public iwwert d'Risike vum Drogekonsum informéiert ginn. A laut mengen Informatiounen gouf de cnapa dofir och chargéiert, Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagnen iwwert de Cannabis auszeschaffen, déi nach virum Akraafttriide vun der Legaliséierung solle lancéiert ginn.

Wéi Dir also gesitt, huet d'Regierung hei schonn eng ganz Rei Mesuren en place gesat, fir déi Jonk, awer och de Grand public iwwert de Cannabis opzklären. Domat ass si och enger Motioun vum leschte Joer, déi e prioritären Accent op Informatioun, Sensibiliséierung a Preventioun, wat d'Consommation vu Cannabis, notament och bei Mineuren, ugeet, geluecht huet, nokomm.

Als Demokratesch Partei ënnerstëtze mir dohier och weiderhin haaptsächlech den Educations- wéi och de Santéministère dobäi, all dës Mesuren hei weiderzeféieren an och ëmzesetzen. Ech sinn dohier der Meenung, dass d'Rad hei net muss nei erfonnt ginn, mee dass d'Aarbechten, déi amgaange sinn, solle weidergefouert ginn. De Kolleg Yves Cruchten wäert an deem Sënn och am Numm vun de Majoritéitsparteien eng Motioun erareeche.

D'Motioun vun der CSV, déi net consideréiert, wat op dësem Niveau scho gemaach ginn ass a wat nach weider soll kommen, wäerte mir als Demokratesch Partei dohier net ënnerstëtzen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hartmann. An da wier et um honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Ech géif awer och gären ufänke mat engem Merci un d'Madamm Carole Hartmann, déi, mengen ech, eng ganz exzellente Interventioun hei gemaach huet, an där alles dra war, wat zu deem Theema hei ze soen ass. A si huet schonn e grouse Programm opgezielt, wat d'Regierung alles gemaach huet. An dat ass genau dat, wat eis déi lescht Kéier hei net gesot gouf vun der Madamm Hansen, wéi si hir Motioun depouéiert huet.

Ech wëlt hir an och der CSV awer Merci soen, dass se d'Initiativ geholl huet, dës Motioun den 29. Juni ze

deposéieren. Mee ech muss hir awer soen, si rappt oppen Dieren an. Nämlech fuerdere se jo d'Informatioun an d'Sensibiliséierung an d'Preventioun vun der Populatioun a besonnesch deene Jonken a Saache Risike vun engem Cannabis- an Drogemessbrauch.

Do sinn ech, do si mir als Majoritéit ganz bei Iech. An d'Regierung huet sech an hirer Regierungserklärung, mee och an de verschiddenen Interventiounen an hire Politicken och dozou engagéiert. An et ass och ganz aktiv un enger laangfristeger Strategie geschaff ginn, déi um Punkt ass, elo konkret ëmgesat ze ginn. D'Madamm Hartmann huet schonn eng Partie Elementer gesot, mee ech sinn iwwerzeegt, dass d'Madamm Lenert eis gläich am Numm vun der Regierung dozou nach méi Informatiounen wäert ginn.

An deem Kontext sief och nach emol un déi Motioun erënnert – d'Madamm Hartmann huet dat och gemaach –, déi d'Chamber d'lescht Joer am Mee ugeholl huet, wou och e ganz kloert Bekenntnis zur Preventioun dra festgeschriwwen war an d'Invitatioun un d'Regierung gaangen ass, eng global a laangfristeg Strategie auszeschaffen an ëmzesetzen.

Ech muss och soen, dass et bei der Madamm Hansen eng gewësse Konfusioun ze gi schéngt, wou ech frou sinn, dass ech vläicht haut kann hëllefen, déi opzklären a richtegstellen. Merci och fir déi Geleeënheet.

Déi éischt Konfusioun ass, dass d'Madamm Hansen an hirer Interventioun de medezinnesche Cannabis an deem net medezinnesche Cannabis an een Dëppe geheit huet.

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Nee.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dach, dat hutt Der gemaach.

(Brouhaha)

Nee, nee, nee, Madamm Hansen. Dir braucht net Nee ze soen.

(Coups de cloche de la présidence)

Ech wëll Iech soen, ech hunn Ären ... genau dat, wat Der déi lescht ... den 29.6. hei gesot hutt, dat war zwar inhaltlech dat selwecht, mee Dir hutt haut e ganz aneren Toun fonnt, fir iwwert déi Motioun hei ze schwätzen. Dir hutt aner Wieder gebraucht. Dir hutt déi lescht Kéier geschwat, dass dat, déi Messagen, alles inacceptabel wär. An engem Saz hutt Der de medezinnesche Cannabis an och de rekreative Cannabis matenee vermëscht. Dat muss ech Iech soen, dat ...

(Interruption)

Nee, dach, dat war genau ...

(Interruption)

An dat war och, dat war och gewollt!

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Madamm Hansen wëllt eppes kloerstellen.

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Nee, ech wëll eppes richtegstellen. Also ech kann net akzeptéieren, datt mir einfach eppes Falsches an de Mond geluecht gëtt.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo.

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Ech hu gesot, d'Madamm Minister hätt, donieft datt den Ubau vu medezinneschem Cannabis elo erlaabt gëtt, annonciéiert, an enger zweeter Etapp och den Ubau vum rekreative Cannabis ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Mee dorunner schaffe mer jo!

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | ... wëllen ze legaliséieren.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, dorunner schaffe mer.

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Dat hunn ech gesot. An ech mengen, datt do näischt Falsches drun ass.

(Interruption)

An du sinn ech virugefuer mam rekreative Cannabis, datt deen definitiv net ze verharmlosen ass.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Si mer eis eens, dass mer dat net solle matenee vermëschen?

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Ben, ech hunn et net vermëscht.

(Brouhaha)

Nee, ech war bis elo ëmmer der Meenung ...

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Wuert geet elo zréck un den Här Cruchten.

**Une voix** | ... wann een herno net méi weess, wat ee gesot huet.

(Brouhaha général)

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Ech weess et ganz genau.

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Cruchten huet elo d'Wuert a soss kee méi.

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | E sensibelt Theema.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | An ech muss nach eppes soen – jo, ech sinn nach net fäerdeg –, well déi zweet Konfusioun ass dee méi oder manner ënnerschwellige Message, d'Regierung géif de Konsum banaliséieren ...

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Nee.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... a quasi d'Leit, a besonnesch déi Jonk, encouragéieren, Cannabis ze konsuméieren, ...

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Ech hunn och nach prezisiéiert, dat wär net de Fall.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... an dat ass net de Fall. Dir hutt et elo gesot, mee Dir hat et net den 29. Juni gesot.

Et ass bewisen, dass eng reng repressiv Approche vum Konsum virun allem och de problematesche Konsum net verhënnert. E kloere Kader an eng Reguléierung droen eng Realitéit Kader, an et scho gëtt. D'Zil ass de Gesondheetsschutz an de Kampf géint Kriminalitéit an de Schwarzmaart, mat alle Risiken, déi derzougehéieren.

Wichtig ass och nach ze betounen, dass d'Reguléierung vum net medezinnesche Cannabis explizit just erwuesse Residenten betrëfft. An d'Zil ass e responsabelen Ëmgang mam Cannabis, grad wéi dat och sollt bei allen anere legale Substanzen sinn. Och dat schéngt wichtig ze sinn, dass een dat nach eng Kéier betount.

Déi drëtt Konfusioun, déi et bei der Madamm Hansen ze gi schéngt, betrëfft d'Interpretatioun vum leschte Rapport vun de Vereenten Natiounen, dem Office des Nations Unies contre la drogue et le crime. Mir hunn do eng aner Liesart wéi d'Madamm Hansen. Ech hat och scho mat hir doriwwe geschwat. An hirer Motioun beriff sech d'CSV op dese Rapport – e ganz interessante Rapport iwwregens –, allerdéngs sinn d'Zesammenhäng, déi d'CSV mengt, doranner ze liesen, net ginn.

Et geet hei em d'Behauptung, dass d'Legalisierung vum Cannabis a verschiddene Länner zu enger méi héijer Consommation mat méi starker Produiten, an dat virun allem bei Jonken, gefouert hätt. Dat ass awer net d'Konklusion vum der ONUDC.

An ech proposéiere vläicht, fir dass mer dee Mëssel do aus der Welt schafen, datt sech an der Santéskommission eng Kéier méi am Detail mat där Etüd beschäftigt gëtt an dass mer eis – vläicht ass dat eng Iddi – den nationalen Drogebeoptraagten eng Kéier an d'Chamberskommission invitieren, fir hei déi néideg Erklärungen ze kréien.

## 9. Dépôt d'une motion par M. Yves Cruchten

Här President, d'Madamm Hartmann hat et schonn ugekënnegt: Ech deposieren hei eng Motioun.

### Motion

La Chambre des Députés,

– constatant que dans son rapport mondial 2022 sur les drogues l'Office des Nations Unies contre la drogue et le crime (ONUDC) constate une augmentation de la consommation de drogue au niveau international ;

– constatant que dans son rapport l'ONUDC note une augmentation de la consommation quotidienne de cannabis, en particulier de produits puissants et surtout chez les jeunes adultes, et ce dans tous les pays, indépendamment de la législation concernant l'usage du cannabis à des fins non médicales ;

– constatant que selon ce même rapport le nombre de personnes souffrant de troubles psychiatriques et les cas de suicides et d'hospitalisations ont également augmenté ;

– considérant que le Gouvernement, par la mise en place d'un cadre légal strict et défini, vise à réguler la consommation du cannabis à des fins non médicales par les résidents majeurs ;

– considérant que la régulation de l'usage du cannabis à des fins non médicales telle que prévue vise la protection de la santé et la sécurité des citoyens et des jeunes en particulier, ceci en mettant un accent particulier sur la prévention ;

– considérant que le cannabis est néanmoins une substance dont la consommation abusive risque d'avoir des effets négatifs sur le développement du cerveau et de provoquer des troubles psychiques, surtout chez les jeunes consommateurs ;

– considérant que le Gouvernement, dans son programme gouvernemental et dans le cadre de ses déclarations et politiques subséquentes, s'est engagé à mettre en place une stratégie globale de prévention en matière de dépendance et de minimisation des risques de santé, résultant de toutes sortes d'addictions ;

– considérant l'avancement des travaux préparatoires concernant la mise en œuvre de la stratégie globale de prévention précitée,

invite le Gouvernement

– à poursuivre ses travaux concernant l'élaboration et la mise en œuvre de la stratégie globale de prévention ;

– à veiller, dans le cadre de cette stratégie, à la mise en œuvre rapide des campagnes renforcées d'information, de sensibilisation et de prévention en matière de consommation de cannabis qui visent notamment les jeunes.

(s.) Yves Cruchten, Carole Hartmann, Josée Lorsché.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Cruchten.

### Exposé

M. Yves Cruchten (LSAP), auteur | Ech wëll och kloer soen: Dat ass baséiert op der Motioun, déi d'Madamm Hansen den 29. Juni deposiert hat, well am Kär si mer eis jo eens, wat d'Sensibilisierung an d'Prevention ugeet. Mee mir sinn eis, obwuel mer et probéiert hunn ... Textuell hu mer probéiert, eis openaner zouzeweegen. Mir hu kee gemeinsamen Nenner fonnt, an dofir hu mer déi Motioun op deene Punkten emgeännert, wéi ech och elo scho virdru gesot hat.

## 10. Motion de Mme Martine Hansen relative à la campagne renforcée de sensibilisation et d'information relative aux risques objectifs du cannabis (suite)

### Motion de M. Yves Cruchten relative à la poursuite des travaux concernant l'élaboration et la mise en œuvre de la stratégie globale de prévention en matière de dépendance

#### Discussion générale (suite)

En attendant proposer ech dofir, d'Motioun vun der CSV also an enger iwwerschaffter Versioun unzuhuelen, woubäi mer eis jo, wéi gesot, eens sinn, wat d'Zilsetzung an d'Suerg vun der Informatioun, Sensibilisierung a Prevention vun der Populatioun, a besonnesch deene Jonken, a Saache Risiko vun engem Cannabis- an Drogemissbrauch ugeet.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Cruchten. Ech ginn direkt nach eng Kéier d'Wuert zréck un d'Madamm Hansen.

Mme Martine Hansen (CSV), auteure | Jo, ech wëll iwwert déi drëtt Konfusioun, déi anscheinend dran ass, schwätzen. Ech kann awer och liesen. Am Rapport, am Deel 1, am „Executive summary“ op der Sait 42 (veuillez lire: op der Sait 44), do steet bei de Konklusionen iwwert d'Cannabislegalisation ganz kloer dran, datt et schéngt, wéi wann d'Cannabislegalisation zu „upwards trends in reported daily use of the drug“ bei deene Jonke gefouert hätt. Dat steet am Rapport op der Sait 42 (veuillez lire: op der Sait 44). Sou.

Bei der „European Times“, déi dann anscheinend och konfus ass, steet: „La légalisation du cannabis dans certaines parties du monde semble avoir accéléré la consommation quotidienne et les effets connexes sur la santé, selon le Rapport mondial sur les drogues 2022 de l'Office des Nations Unies contre la drogue et le crime (ONUDC).“ Déi géifen dat bestätegen.

Wéi gesot, an der Communication officielle vun der UNO, déi da laut Ärer Meinung och konfus ass, steet – nach eng Kéier: „Premiers enseignements des effets de la légalisation du cannabis“ –, éischstens: „La légalisation du cannabis dans de nombreux territoires d'Amérique du Nord semble avoir entraîné une augmentation de la consommation quotidienne de cannabis, en particulier de produits puissants et surtout chez les jeunes adultes.“

Sou, „Revue“ – oder wat ass dat heiten? Jo, d'„Revue“, déi schéngt dann och genausou konfus ze sinn. Déi seet: „Intéressant aus dieser Perspektive ist ebenfalls der kürzlich veröffentlichte Weltrogenbericht des „United Nations Office on Drugs and Crime“ (UNODC). Das Büro für Drogen- und Verbrechensbekämpfung“, an esou virun, „dass die Legalisierung von Cannabis

in Teilen der Welt den täglichen Konsum und die damit verbundenen gesundheitlichen Auswirkungen zu beschleunigen scheint. Die Legalisierung von Cannabis in Nordamerika [...] hat laut [dem Rapport] zu einem Anstieg des täglichen Konsums geführt. Insbesondere junge Erwachsene würden öfter zu starken Cannabisprodukten greifen.“

Also et steet do schwaarz op wäiss, da kënnt Der net soen, ech wier konfus!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Et steet do, d'Legalisierung vum Cannabis hätt an eenzelen Dealer vun der Welt dat do bewierkt. An ech hunn dat vun der UNO zitëiert an der Motioun. Ech hu soss näischt drageschriwwen.

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Jonk Erwuessener, de Punkt war: jonk Erwuessener.

(Interruption par Mme Martine Hansen)

Erwuessener sinn net Mannerjäreger. Et ass déi Konfusioun gewiescht, déi am Raum stoung.

Mme Martine Hansen (CSV), auteure | Ech hunn hei drageschriwwen an der Motioun: „surtout chez les jeunes adultes“. Also ech hunn dat zitëiert. Also wann Der sot, ech wär konfus, da sot Der och zu der UNO, si wär konfus.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Den Här Yves Cruchten nach eng Kéier, fir dorobber ze reagieren.

M. Yves Cruchten (LSAP), auteur | Ech géif mer et iwwerhaupt net erlaben, Iech konfus ze nennen. Ech hu gesot: Et gëtt eng Konfusioun, well Dir zitëiert ëmmer dee selwechte Saz. Dir hutt en elo siwemol zitëiert, mee Dir hutt en a fënnf verschiddene Sproochen zitëiert. Et ass awer ëmmer dee selwechte Saz, deen ee Saz, deen Der erausgräift. D'Realitéit ass nämlech déi, dass den Drogekonsum iwwerall an d'Luucht gaangen ass, net just an deene Länner, wou eng méi liberal Approche zu der Legalisierung vum Cannabis oder méi eng liberal Approche zum Émgang mam Cannabis ass, mee iwwerall. Dat ass dat, wat den Ennerscheid mécht!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Cruchten. Mir wëllen awer nach aner Stëmmen zu dëser Motioun héieren. Duerfir ginn ech elo d'Wuert un déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Merci, Här President. Also ech hunn net gekifft, mee ech sinn awer chill.

(Hilarité)

Ech hoffen op alle Fall, och net konfus ze ginn. Ech wëll dann och vun eiser Perspektiv aus eppes zu dëser Motioun soen.

Natierlech hate mer eng Diskussioun. Dat war am Mee 2020, wou ech mech gutt kann erënnere, dass mer als Majoritéitsparteien eng grouss Motioun geschriwwen hunn. Ech hat och deemools, kann ech mech och erënnere, d'Carole Hartmann a menger Ried ernimmt, well mer ganz genee zesumme mat de Kollege vun der LSAP der Meinung waren, dass mer onbedéngt op Prevention misste setzen an dass Prevention e wichtegen Deel vun enger globaler Drogopolitik wier. D'Drogopolitik limitéiert sech net just op d'Legalisierung vum Cannabis. Dat ass e klengen Deel. D'Drogopolitik ëmfaasst ganz vill Voleten.

A grad deemools an där Interpellation oder an deem Débat d'orientation – ech weess net méi, wéi e geheescht huet, e war vun der CSV ugefrot ginn – ware mer eis alleguer zesumme eens, dass mer op deem Wee weider misste fueren, dee mer schonn ugefaangen hunn, deen och an der Education scho



laang en place ass. Dat kann ee bezeien, dass immens vill Programmer a Projeten an der Éducation nationale och lafen, an déi soll een net klengrieden.

Ech fannen et dann och bedauerlech, wann hei haapt gëtt, Verschiddener géifen de Konsum vu Cannabis esou duerstellen, wéi wann e scho bal gesond wier. Mir distanzéieren eis ganz kloer vun esou Aussoen an empfangen déi scho bal als Ënnerstellung. Dat ass ganz sécher net de Fall!

Aus där grénge Perspektiv eraus geschwat wëll ech och betounen, dass mir schonn zanter Joerzénge an der Joerzénge op d'Gefore vum Cannabis hiweisen. De Konsum vu Cannabis an aneren Drogen – am fréien Alter notament – féiert ganz kloer zu Schied vum Gehier an och zu Perséinlechkeetsstéierungen. Dat huet nach ni een a Fro gestallt a mir hunn als Gréng och scho Konferenzen dozou organiséiert. Mir wëssen och ganz genee, datt e ganz grav gesondheetlech an och sozial Konsequenze kann hunn, déi een net ka klengrieden. Et ass souguer esou, dass de Konsum vun Droge scho ganz vill Mënscheliwe kascht huet. Och dat muss ee wëssen an dat ass eng Realitéit.

Eng Realitéit ass awer och, dass eng falsch Drogepolitik, eng hypokritesch Drogepolitik an notament d'Repressioun nach méi Existenzen zerstéiert huet an der Vergaangenheet, well einfach d'Ressourcen op déi falsch Plaz gaange sinn. Si sinn net genotzt ginn, fir Preventioun ze bedriewen an et ass do, wou de Paradigmewissel elo wäert usetzen. Ech mengen, dee Projet, den do virläit, an awer generell och d'Approche vun dëser Majoritéit, – an ech hoffen, vun eis alleguer heibannen –, muss déi sinn, eng Politik ze bedriewen, déi der Realitéit an d'Ae kuckt. An d'Realiteit ass nun emol esou, dass de Cannabis notament déi beléifst illegal Drog de Moment ass. An da kann een net maachen, wéi wann dat net wouer wär. Da muss ee just wëssen, wéi ee mat där Realitéit ëmgeet.

En anere Punkt ass fir eis natierlech och, dass een erwuesse Mënsche muss mat an d'Verantwortung huelen. Wann een den Ubau doheem erlaabt, da si se an der Eegeverantwortung, an och dat ass en Zil, dat mer wëlle mat deem Gesetz errechen. Dann awer och de Schwaarzmaart, dee scho laang e grouse Problem zu Lëtzebuerg ass, dee mer alleguer kennen, de Schwaarzmaart, den awer och mat der Drogekriminalitéit verbonden ass. A wann een d'Mënsche méi mat an d'Verantwortung hält an net just repressiv virgeet, da wäert een och géint de Schwaarzmaart ukämpfen, wuel wëssend, dass et keng Wonnerléisunge gëtt.

Tatsach ass op alle Fall, dass mer op der richteger Schinn ënnerwee sinn an dass mer eis net wëlle virgehe loosse, mir géifen déi ganz Politik hei duerstellen, wéi wa Cannabis nun emol eppes wär fir ze spillen. Et ass, fir esacht ze huelen.

Wat dann d'Jugend ubelaangt, do ass jo virgesinn, datt d'Jugend – also déi Mannerjäre – net wäert déi selwecht Rechter kréie wéi déi Erwuesse. Dat heescht awer net, dass se net consommeiert. Och dat ass längst bewisen an och där Tatsach muss een an d'Ae kucken, notament doduerch, datt ee Jonker mathält, datt een net just repressiv virgeet, mee dass ee se mathält, dass ee se stäerkt. An dat gesinn ech am Kader vum Jugendschutz notament als e ganz wichtege Piller un.

Jonker ze bestrofen an ze diskriminéieren, wa se an d'Fal tappen, ass de falsche Wee. Jonker ze begleeten a staark ze maachen an notament d'Ursaachen ze sichen, firwat se dat problematescht Verhalen hunn, ass fir eis dee richteg Wee an déi richteg Approche. An och dat wëll dës Regierung mat alle Mëttelen

uoen. An duerfir sti mer voll hannert der Motioun, déi den Här Cruchten hei deposéiert huet.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lorsché. An da wier et un där honorabeler Madamm Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Et ass u mir.

**M. Fernand Etgen**, Président | Dir waart net ageschriwwen. Dir kommt awer un d'Rei, dann awer zum Schluss, Här Kartheiser.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, mir wollten der CSV Merci soe fir hir Motioun. Ech muss éierlech gestoen, dass ech keng Zäit hat, dee Rapport vun der UNO ze liesen.

(Interruption par M. Gilles Roth)

**M. Fernand Etgen**, Président | Hei wannechgelift, e bësse méi lues, Här Roth, dann héiert een dohannen d'Madamm Oberweis, déi d'Wuert huet. Et ass elo un der Madamm Oberweis, Här Roth.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Ech hat leider keng Zäit, dee Rapport vun der UNO ze liesen, mee et schéngt mer, dass dee Punkt, den d'Differenz mécht tëscht deenen zwou Motiounen, den ass, ob et eng Kausalitéit gëtt, also ob Drogekonsum elo eropgeet oder net, ob do eng Kausalitéit ass eeben zur Legaliséierung.

Ech muss Iech éierlech soen, eis geet et ëm d'Saach. Ech denken, et geet ëm den Invite, ëm d'Sensibilisatioun. Ech kann domat liewen, dass een esou fréi wéi méiglech ufänkt ze sensibiliséieren. Ech mengen, d'Regierung mécht dat, gell? Ech hunn dat verstanen, Dir maacht dat.

An et geet jo och drëms, an der Legaliséierung eebe grad d'Kontroll iwwert d'Qualitéit vun de Produkter ze kréien an eebe grad domadder d'Gesondheets..., also dass et u sech manner Impakt op d'Gesondheet huet. Dat heescht also: Mir kënnen dat heite matdroen, och wann et elo fir mech net ganz kloer ass, wat déi Kausalitéit ugeet zu der Croissance vum Drogekonsum.

Mee, wéi gesot, déi zwou, déi zwou kënnen mir esou matdroen, well et, wéi gesot, ëm d'Saach geet an ëm d'Sensibilisatioun. Dofir ass dat fir eis ok.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An da ginn ech d'Wuert un den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also mir ënnerstëtzen dat och mat, well och wa mir fir d'Legaliséierung vum Cannabis sinn an d'Regierung eis net wäit genuch geet, mir net gesinn, dass dat esou zilféierend wäert sinn, wéi se am Moment dat mat den Texter wëlle huet – mir wäert vill méi wäit gaangen –, si mer awer der Meenung, dass d'Leit sollten opgekläert ginn an dass een eng Informationscampagne sollt maachen. Dat mécht een och beim Alkohol, dat mécht ee bei anere Saachen. Esou ass fir eis de Cannabis dat selwecht. Et ass net, fir en ze verdäiwelen. Et ass einfach nëmme fir ze informéieren.

Ech mengen, jidderee weess, dass mir zimmlech locker sinn, wat de Cannabis ubelaangt. Dass een domadder net däréi Auto fueren, all déi ganz Geschichten, do si mer vollkommen averstanen. Et ass just, wann ee verschiddene Riedner lauscht, muss een och oppassen, dass et awer herno net eng Campagne gëtt, fir en ze verdäiwelen. Virdrun ass hei ugeschwat ginn, eng Campagne wier zwar positiv; et däréi och keng gi fir ze verdäiwelen. Wann esou eppes gemaach gëtt, da

muss et wierklech wëssenschaftlech neutral sinn, weeder vun där enger Säit nach vun där anerer. Ech géif et warscheinlech e bësse méi positiv duerstellen wéi verschidden aner Leit heibannen, mee et muss wëssenschaftlech ganz neutral sinn.

Jo, vläicht ginn d'Zuele liicht erop bei deene Jonken, wann et legaliséiert ass. Et däréi een awer an där selwechter Statistik net vergiessen, dass doduerjer déi haart Drogen erofginn, well se net méi bei den Dealer ginn an net méi an d'Verféierung kommen, fir herno op déi haart erofzerutschen. Dat soen awer och d'Rapporte weltwäit, net vläicht déi vun der UNO, mee déi, déi mer virdru gelies hunn an der Virbereedung, well an der Justizkommissioun en Text war. Dat heescht, duerch déi Legaliséierung verhënnert een déi staark Drogen an deementspriedend ass et awer e gudde Schrëtt.

Dat eenzeg, wat ech mech elo froen ... Ech kann déi zwou Motiounen matstëmmen. Ech hat just am Kapp, dass een net zweemol dierft déi selwecht Motioun deposéieren. Ech hunn op d'Vitess net dee ganz groussen Ënnerscheed erausgelies. Eigentlech war et jo ëmmer esou, dass een net duebel Motiounen eragëtt, well wa mer mat deem System bis ufänken, dat gëtt e bësse komesch herno am Debat. Da maacht Dir Motiounen, da maache mir schnell déi selwecht nach eng kéier, an ëmgedréint, déi ganz Zäit.

Ech hat ëmmer geduecht, et wär vum President net gewënscht, dass een zweemol déi selwecht Motioun mécht. Ech ka se awer allen zwou matstëmmen, och wann et u sech zweemol dat selwecht ass.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Da kritt den Här Fernand Kartheiser d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Merci, Här President. Merci der Madamm Hansen fir hir Motioun an dem Här Cruchten fir seng. Mir wäerten déi zwou matstëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

**Prise de position du Gouvernement**

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Jo, merci, Här President. Et ass gutt, dass ausféierlech rappeliert ginn ass, dass mer déi Diskussioun hei schonn eng kéier haten an eis am Fong geholl och alleguerten eens waren an an déi Richtung geschafft hunn. Ech géif gären ënnersträichen, dass d'Regierung zanter Ufank vun den Aarbechte ronderëm d'Reguléierung vum Cannabis fir net medezinnesch Zwecker – dat och onofhängeg vum Fortschrëtt ronderëm déi legislativ Aarbechten, déi e bëssen a Verzuuch komm sinn duerch d'Pandemie – ëmmer drop insistéiert huet, dass parallel an och schonn direkt onofhängeg dovunner musse Preventiounsmaßnahmen op eng anticipativ a proaktiv Manéier ageleet a verstärkt ginn.

Dat implizéiert, dass déi suchtpreventiv Moossname schonn agefloss sinn, wéi et erwänt ginn ass vum Carole Hartmann, an eisen Drogenaktionsplang 2024. Déi sinn integréiert a sinn och schonn an der Émsetzung. Et ass eng laangfristeg Strategie, déi ausgeschafft gëtt, zesumme mat verschiddenen Acteuren. Dat ass den Educatiounsminister, natierlech d'Santé an och d'Justiz. A mir hunn do Concertatiounen gemaach. Et ass en Optrag gaangen un de Suchtpreventiounszentrum, de cnapa, den am Aklang mat senger Statuten en nationale Konzept ausgeschafft huet fir esou eng systematesch a strukturéiert Aarbecht am Preventiounsberäich. An dëst ass och schonn an der Émsetzung.

Dofir ass et am Fong geholl eng oppen Dier, déi Der hei opstouss. D'Zilsetzung vun där ganzer Aktioun ass, e Problème de santé publique unzuegoen. An dat ass dat, wat mir hei wichteg ass. Firwat handele mer hei? Majo well Handlungsbedarf ass. Dee Schwaarzmaart, op deem d'Leit sech beweegen, ass extreem geféierlech, net nëmmen duerch de Milieu, deen et ass, mee och duerch déi Substanzen, déi do zirkuléieren. An dat Ganzt ziilt drop of, justement ze sensibiliséieren, och, fir erwuesse Leit e Produit ze bréngen, dee propper ass, wou d'Leit wëssen, wat et ass, a virun allem och, fir kënnen eng oppen an transparent Preventioun do ronderëm ze maachen.

Ab dem 1. September dëst Joer wäerten dann och déi cannabisspezifesch Preventiounsaarbechten ulafen. Wéi gesot ass den Aktiounsplang generell schonn ugelaft an de Schoulen op verschiddenen Eebenen mat eise Partner a wäert verstärkt – an dat war och esou virgesinn, dat hate mer deemools och exposéiert, wou mer deen Aktiounsplang virgestallt hunn – dësen Hierscht elo ganz spezifesch op de Cannabis ausgeriicht och weidergoen.

Dat Ganzt gëtt koordinéiert vun de Servicer SCRIPT a CePAS vum MENJE mat enger ganzer Rei vun Aktiounen an de Schoulen. Och an de Programmen, an de Curriculae gi verschidde Saachen opgehol. Dat ass ganz ausféierlech. Ech mengen, ech ginn dat net méi am Detail duerch. D'Carole Hartmann huet dat scho Revue passéiere gelooss a mir haten et och eeben am Kader vum Aktiounsprogramm virgestallt. Et geet drëms, d'Schüler ze erreechen, se fréi ze erreechen. A virun allem och géif ech gärden ënnersträichen, dass zu kengem Moment ugeduecht ass, Cannabis ze banaliséieren.

Et ass genau de Géigendeel! Et geet drëms, de Leit bewosst ze maachen, wat d'Risiko sinn, dass et fir Mannerjäreger wierklech näischt ass an dass et eeben, wann een et mécht, mat der néideger Vernunft muss ugaange ginn. A virun allem geet et drëms, dat, wat am Moment zirkuléiert, wat extreem gesondheets-schiedlech ass, vun de Leit ewechzekeréien.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert. Parole après ministre fir d'Madamm Martine Hansen.

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Pardon, ech hat nach net zur Motioun vun der LSAP geschwat. Ech wollt do just kuerz soen: Et kann ee sech d'Welt awer net esou maache wéi ee se gärden hätt. Dat ka beim Pippi Langstrumpf de Fall sinn, mee soss u sech net.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Ech liesen dat elo net nach eng Kéier vir, mee Dir zitéiert de Rapport falsch, well am Rapport steet, d'Legalisatioun géif schéngen, dat doten als Konsequenz ze hunn. Dir loosst net nëmmen dat fort, mee Dir sot och nach: „Et gëtt méi geholl. Et steet am Rapport, et géif méi geholl ginn, virun allem och bei deene Jonken, onofhängeg dovun, ob et legaliséiert ass oder net.“ Dat

ass definitiv net dat, wat an der Konklusioun vum Rapport steet!

**Une voix** | Jo!

**Mme Martine Hansen** (CSV), auteure | Duerfir: Et kann ee sech d'Welt wierklech net esou maachen, wéi ee se gärden hätt. Och wann Dir dat gärden hätt.

An deen zweete Punkt: D'Madamm Hartmann sot, d'Risiko sollten an de Schoulprogramm ingegréiert ginn ab der Rentrée 2023. Et ass jo genau dat, wat mir fuerderen. Mir fuerdere jo, dass dat muss éischter geschéien, well mer einfach soen: Et muss elo gehandelt ginn. Wa mir waarden, bis dass et legaliséiert ass, da gëtt awer déi Rumeur, déi bei deene Jonken ass, oder déi Iddi, déi bei deene Jonken ass, nach weider verschäerft. An duerfir hu mer gesot: Et muss elo direkt gehandelt ginn! Et soll elo eppes preparéiert ginn an et soll elo am September 2022 ufänken an net nach waarde bis 2023.

Ech hunn nämlech och elo gekuckt, ech hunn zum Beispill beim Site vum cnapa gekuckt. De Matériel pédagogique: Dat Neist, wat drop ass, ass vun 2018. Et kann elo sinn, dass ech net dat Neist do gesinn. Mee een, deen am Enseignement ass, an deen do kucke geet, dee fënnt och net eppes méi Neies wéi 2018. Ech hu gesinn, dass 2022 iwwert den IFEN Formatiounen bei den Enseignantë gemaach ginn. Mee et ass awer ... et deet mer leed, wann dat Är Strategie ass, da geet dat eis net séier genuch. Mir brauchen elo eppes. An dat war dat, wat mer gefuerdert hunn. Mir brauchen ... direkt muss gehandelt ginn.

An duerfir wäerte mer eis bei Ärer Motioun enthalten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kéimmen elo zum Vott vun deenen zwou Motiounen. Fir d'éischt d'Motioun, déi vun der Madamm Martine Hansen deposéiert ginn ass.

**Vote sur la motion de Mme Martine Hansen**

De Vott fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 29 Jo-Stëmme géint 30 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Félix Eischen), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler (par M. Paul Galles) et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, M. Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana (par M. Dan Kersch), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

Da kéime mer elo zur Motioun, déi vum Här Yves Cruchten deposéiert ginn ass.

**Vote sur la motion de M. Yves Cruchten**

De Vott fänkt un. Mir kommen zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 38 Jo-Stëmme bei 21 Abstent-iounen ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusti Graas) et Claude Lamberty ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana (par M. Dan Kersch), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Jean-Paul Schaaf), Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Félix Eischen), Claude Wiseler (par M. Paul Galles) et Michel Wolter (par M. Marc Lies).*

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 12., 13. a 14. Juli virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 18.27 heures.)*



## Sommaire

- 1. Ouverture de la séance publique ..... p. 43**  
M. Fernand Etgen, Président
- 2. Communications ..... p. 43**  
M. Fernand Etgen, Président
- 3. Ordre du jour ..... p. 43**  
M. Fernand Etgen, Président
- 4. Motion de Mme Nathalie Oberweis concernant la reconnaissance de l'occupation et de la colonisation de grandes parties des territoires palestiniens ..... p. 43**  
Exposé : Mme Nathalie Oberweis  
Discussion générale : M. Claude Wiseler | M. Yves Cruchten | M. Sven Clement | M. Fernand Kartheiser  
Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes (interventions de M. François Benoy) | Mme Nathalie Oberweis (parole après ministre) | M. Claude Wiseler (parole après ministre) | M. le Ministre Jean Asselborn  
Vote sur la motion (rejetée)
- 5. 8045 – Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession du Royaume de Suède, fait à Bruxelles, le 5 juillet 2022**  
**8044 – Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Finlande, fait à Bruxelles, le 5 juillet 2022 ..... p. 46**  
Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile : Mme Lydia Mutsch  
Discussion générale : M. Claude Wiseler | M. Gusti Graas | Mme Stéphanie Empain | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) | M. le Ministre Jean Asselborn | Mme Nathalie Oberweis (parole après ministre) | M. le Ministre Jean Asselborn  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8045 et dispense du second vote constitutionnel  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8044 et dispense du second vote constitutionnel
- 6. Nomination du commissaire aux comptes de la Société nationale de crédit et d'investissement (SNCI) ..... p. 52**  
M. Fernand Etgen, Président  
Vote secret sur la candidature unique
- 7. 7986 – Projet de loi portant modification de :**  
**1<sup>o</sup> la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse ;**  
**2<sup>o</sup> la loi modifiée du 17 décembre 2021 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022 ..... p. 52**  
Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum  
Discussion générale : Mme Martine Hansen (dépôt des motions 1 à 3) | Mme Simone Asselborn-Bintz | Mme Djuna Bernard | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Martine Hansen (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Meisch (interventions de Mme Martine Hansen) | M. Fred Keup (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Meisch (interventions de M. Fred Keup)  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7986 et dispense du second vote constitutionnel  
Motion 1 : M. Gilles Baum | Mme Martine Hansen | M. Fred Keup (intervention de M. Gilles Baum) | M. Marc Goergen | Mme Myriam Cecchetti  
Vote sur la motion 1 (rejetée)  
Motion 2 : M. Gilles Baum | M. Sven Clement | M. Gilles Baum (interventions de M. Sven Clement, Mme Martine Hansen, M. Jean-Paul Schaaf et M. Dan Kersch) | Mme Myriam Cecchetti | M. Dan Kersch | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | M. Fred Keup | M. Dan Biancalana (intervention de M. Yves Cruchten) | Mme Martine Hansen (interventions de M. Dan Biancalana et M. Sven Clement)  
Vote sur la motion 2 (rejetée)  
Motion 3 : M. Gilles Baum  
Vote sur la motion 3 (rejetée)

- 8. 7999 – Projet de loi visant à mettre en place un régime d'aides sous forme de garanties en faveur de l'économie luxembourgeoise à la suite de l'agression de la Russie contre l'Ukraine ..... p. 62**  
Rapport de la Commission spéciale « Tripartite » : M. André Bauler  
Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement | M. André Bauler  
Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) (interventions de M. Laurent Mosar et M. Sven Clement) | M. Dan Kersch (intervention de M. Fernand Kartheiser) | M. Gilles Roth (intervention de M. Gilles Baum) | M. le Ministre Franz Fayot | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) | M. Dan Kersch (parole après ministre)  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7999 et dispense du second vote constitutionnel
- 9. 8019 – Projet de loi visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine ..... p. 66**  
Rapport de la Commission spéciale « Tripartite » : M. Gilles Baum  
Discussion générale : M. Marc Spautz | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser (intervention de Mme Josée Lorsché) | Mme Josée Lorsché (parole pour fait personnel) (intervention de M. Fred Keup) | M. Fernand Kartheiser (parole pour fait personnel) | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement  
Prise de position du Gouvernement : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8019 et dispense du second vote constitutionnel
- 10. 7716 – Projet de loi portant création et organisation de l'Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire et portant modification :**  
**1<sup>o</sup> de la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la santé ;**  
**2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 19 mai 1983 portant réglementation de la fabrication et du commerce des aliments des animaux ;**  
**3<sup>o</sup> de la loi du 28 juillet 2018 instaurant un système de contrôle et de sanctions relatif aux denrées alimentaires ..... p. 69**  
Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural : Mme Tess Burton  
Discussion générale : Mme Octavie Modert | M. Gusti Graas | Mme Chantal Gary | M. Jeff Engelen | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7716 et dispense du second vote constitutionnel
- 11. 7751 – Projet de loi modifiant :**  
**1<sup>o</sup> le Code de la sécurité sociale ;**  
**2<sup>o</sup> la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations des services et des juridictions de la sécurité sociale ;**  
**3<sup>o</sup> la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension ..... p. 72**  
M. Fernand Etgen, Président  
Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Mars Di Bartolomeo  
Prise de position du Gouvernement : M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7751 et dispense du second vote constitutionnel
- 12. 7909 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale ..... p. 73**  
Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense : Mme Stéphanie Empain  
Discussion générale : M. Léon Gloden (interventions de M. Dan Kersch et M. Laurent Mosar) (dépôt des amendements 1 et 2) | M. Claude Lamberty | M. Dan Biancalana | M. François Benoy (interventions de M. Laurent Mosar et M. Léon Gloden) | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen (intervention de M. François Benoy) | M. Laurent Mosar | M. François Benoy (parole pour fait personnel) (interventions de M. Laurent Mosar, Mme Simone Beissel et M. Sven Clement) | M. Dan Kersch (parole pour fait personnel) (intervention de M. Laurent Mosar) | Mme Nathalie Oberweis (parole pour fait personnel) | Mme Lydie Polfer (interventions de M. Marc Goergen, Mme Stéphanie Empain et M. François Benoy)

Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure | M. Laurent Mosar (parole après ministre) | M. le Ministre Henri Kox (intervention de M. Laurent Mosar)

Vote sur l'amendement 1 (rejeté)

Vote sur l'amendement 2 (rejeté)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7909 et dispense du second vote constitutionnel

### 13. Ordre du jour (suite) ..... p. 86

M. Fernand Etgen, Président | M. Sven Clement | M. Gilles Roth | Mme Myriam Cecchetti | M. Fernand Kartheiser | M. Fernand Etgen, Président (interventions de M. Sven Clement et Mme Martine Hansen) | M. Gilles Roth (intervention de Mme Martine Hansen) | Mme Myriam Cecchetti | M. Mars Di Bartolomeo | Mme Lydie Polfer (intervention de M. Max Hahn) | M. Sven Clement (intervention de M. Claude Wiseler) | M. Mars Di Bartolomeo (interventions de M. Sven Clement)

Vote sur la modification de l'ordre du jour (adoptée) (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)

### 14. 8006 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement des travaux de construction du nouveau bâtiment du Centre hospitalier de Luxembourg ..... p. 87

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo

Discussion générale : M. Claude Wiseler | Mme Carole Hartmann | Mme Francine Closener (interventions de Mme Josée Lorsché et M. Sven Clement) | Mme Josée Lorsché | M. Jeff Engelen | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8006 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre ; M. Jean Asselborn, M. Claude Meisch, M. Henri Kox, M. Franz Fayot et M. Claude Haagen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Dat ass net de Fall, Här President.

## 2. Communications

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

### Communications du Président – séance publique du 12 juillet 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

8041 – Projet de loi instaurant un régime d'aides en faveur des propriétaires de maisons et de bâtiments d'habitation en copropriété construits avant le 31 août 1986 en vue de l'amélioration de l'isolation acoustique contre le bruit aérien en provenance de l'aéroport de Luxembourg et modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre le bruit.

Dépôt : Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 05/07/2022

8043 – Projet de loi portant

1. approbation de l'Avenant, fait à Esch-sur-Alzette, le 19 octobre 2021, entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française

1<sup>er</sup> au Protocole d'accord relatif au renforcement de la coopération en matière de transports transfrontaliers du 20 mars 2018

2<sup>e</sup> et à la convention relative au financement d'aménagement visant à renforcer la desserte ferroviaire et favoriser les mobilités durables du 23 octobre 2020

2. modification de l'article 2 (1) de la loi du 7 septembre 2018

1<sup>er</sup> portant approbation du Protocole d'accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le

Gouvernement de la République française relatif au renforcement de la coopération en matière de transports transfrontaliers, fait à Paris, le 20 mars 2018 ; 2<sup>e</sup> relative à la participation de l'État Luxembourgeois au financement des travaux d'infrastructure réalisés sur le territoire français entre Metz et la frontière franco-luxembourgeoise à Zoufftgen

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 07/07/2022

8044 – Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Finlande, fait à Bruxelles, le 5 juillet 2022

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 11/07/2022

8045 – Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession du Royaume de Suède, fait à Bruxelles, le 5 juillet 2022

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 11/07/2022

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2402 – Demande de pétition publique : Délai supplémentaire de deux ans pour prendre le congé parental, pour les parents qui n'ont pas pu le prendre avant l'âge limite de six ans de l'enfant, suite à la perte ou l'absence de travail pendant les deux ans de crise du Covid

Dépôt : M. Damien Labourdette, le 04/07/2022

2403 – Demande de pétition ordinaire : Pétition pour une prime/13<sup>e</sup> mois en tant que chauffeur

Dépôt : M. Cédric Schweich, le 06/07/2022

2404 – Demande de pétition publique : Aufhebung aller Sanktionen gegen die russische Föderation, gegen russische Staatsbürger und die Freigabe aller russischen Gelder

Dépôt : M. Christian Lentz, le 06/07/2022

2405 – Demande de pétition publique : Petitionen auf dem Sender RTL präsentieren und Zuschauer zur Partizipation motivieren (dagegen oder dafür wählen via TV Remote oder SMS)

Dépôt : M. Julio Medvescek, le 07/07/2022

2406 – Demande de pétition publique : Augmentation des heures de travail de 8 à 9

Dépôt : M. Julio Medvescek, le 07/07/2022

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

## 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn. Op Ufro vun der

Regierung gëtt proposéiert, iwwert d'Projet-de-loien 7986, 7999 an 8019 virum 7909 ze diskutéieren. Ass d'Chamber mat deem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 4. Motion de Mme Nathalie Oberweis concernant la reconnaissance de l'occupation et de la colonisation de grandes parties des territoires palestiniens

(Motion déposée en séance publique n° 53 du 17 mai 2022 – à consulter au compte rendu n° 18/2021-2022 en page 61)

Mir kommen elo zur Motioun vun der Madamm Nathalie Oberweis iwwert d'Unerkennung vun der Besatzung a vun der Besiedlung vun engem groussen Deel vu palästinenseschen Territorien. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert als Auteure vun der Motioun.

### Exposé

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | Jo. Gudde Mëtten. A villmools merci fir d'Wuert, Här President. Ech hat déi Motioun d'leschte Kéier scho kuerz virgestallt, gellt? Dir kënnt Iech erënneren, dat ass scho bal zwee Méint hier.

Ech wollt awer just nach eng Kéier eppes soen. An zwar huet sech e Feeler an d'Motioun erageschlaach. Dat hutt Der vläicht gemierkt. Et ass en technesche Feeler. Et ass eigentlech keen inhaltleche Feeler. Mee den Term „Resolutioun“ misst eigentlech duerch „Motioun“ ersat ginn, well souwäit ech weess, hat Dir hei an der Chamber 2014, wou mir nach net hei waren, eng Motioun respektiv zwou Motiounen gestëmmt, fir d'Regierung opzufuerderen, Palästina als Staat unzuerkennen. Dat heescht, ech mengen, deen Term „Resolutioun“ misst duerch „Motioun“ ersat ginn, wann ech mech net ieren. Ech mengen, Dir hutt do méi eng Memoire, wat deemools geschitt ass, wéi ech.

An da géif ech awer nach gären an deem Kontext, wou mer haut sinn, op dräi Saache insistéieren, an zwar: Et ass méi wichteg wéi jee, d'Völkerrecht ze verteidegen. Ech mengen, dat ass Iech net nei. Dat hei ass wierklech e gutt Beispill. Mir si wierklech als international Communautéit, besonnesch als EU, am Moment absent, fir d'Völkerrecht ze verteidegen. An deem heite Fall gëtt d'Völkerrecht säit Joerzéngten – Dir wësst dat – mat Féiss getrëppelt. A Lëtzebuerg sténg dat gutt zu Gesicht, wann hei eppes géif geschéie respektiv wa mer de Staat Palästina géifen unerkennen.



An déi aner Recommandatioun ass jo, eeben och hei d'Annexioun unzeerkennen. An Annexioun ass eppes anescht wéi Besetzung, well eng Besetzung, eng militäresch Besetzung, soll dem internationale Recht no ëmmer temporär sinn, dat soll ëmmer limitéiert sinn an der Zäit. An hei kann ee vun enger Annexioun schwätzen, well et net méi temporär ass, also net méi provisoersch ass, mee et ass de facto eng Situatioun, déi säit Joerzéngten u sech eng Realitéit ass.

An et gesäit ee gutt um Terrain, datt déi Annexioun an zwou Richtunge geet, an zwar gëtt en Transfert de population gemaach vum Staat Israel an de Staat Palästina. Si besidelen dat Land. Dat heescht, do gëtt eng Populatioun transplantéiert, dohinner gesat.

An op där anerer Säit – an den Här Asselborn weess dat, mengen ech, ganz gutt – ginn d'Palästinenser ëmmer méi aus hirem eegene Land verdriwwen, andeems hir Haiser zerstéiert ginn, hir Felder zerstéiert ginn an esou weider. Dat heescht, et ass eng Annexioun. Den Ënnerschied zu der Besetzung ass, dass et de facto net méi temporär ass, mee definitiv. Wa mer Annexioun soen, da gesi mer, dass de Wëllen deen ass – an dee Wëllen ass a ganz ville Rapporten, och an internationale Rapporten, constatéiert ginn – fir dozebleiwen. Et ass dee fir dozebleiwen, dat ass ganz kloer!

An deem Sënn gëtt déi territorial Integritéit, wat jo och en Term ass, dee mer oft héieren an der lescht, guer net respektéiert, mee mat Féiss getrëppelt an absolutt violéiert.

Op déi dräi Punkte wollt ech insistéieren. Dee „moment opportun“, deen d'leschte Kéier genannt gouf, ass scho längst eriwwe, well de Staat Palästina absolutt keng Kontinuitéit méi huet, mee total zersidelt a morceléiert ass an an deem Sënn net continu an net souverän ass. Also, de Moment opportun ass scho längst eriwwe. A mir hunn all Interêt, am Sënn vum Fridden an och vum Weltfridden, déi schwach Partei, an deem heite Fall Palästina – et ass besat a besidelt, et ass ënnert der militärescher Muecht vun Israel, et ass déi schwach Partei –, ze ënnerstëtzen an ze renforcéieren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Merci, Här President. Ech wëll just ganz kuerz heizou soen, datt mir reegelméisseg Motiounen zu deem Sujet hunn, a mir hunn och reegelméisseg Debatten zu deem Sujet. A bei all deene Motiounen an Debatte soe mer ëmmer dat selwecht. Dofir wierklech an enger ganz kuerzer Form och hei nach eng Kéier: Mir sinn der Meenung, datt dee Konflikt do nëmme ka geléist ginn, wann et méiglech ass, eng Zweestaateléisung ze fannen. Dat heescht, datt een diplomateschen Effort muss gemaach ginn. Mee dee muss béidsäiteg gemaach ginn, op béide Säite gemaach ginn. Dat heescht, datt den Dialog muss equilibréiert sinn, dat heescht, datt déi politesch Messagen och mussen equilibréiert sinn an datt een net ka just eesäiteg eng Partei ënnerstëtzen an déi aner net.

A wann ech déi Motioun kucken, déi eis hei virläit, ass déi alles anescht wéi equilibréiert, well déi hält resolut d'Partie vun enger vun de Säiten an déi mécht eng unilateral Condamnatioun vun Israel. An domat kënne mer selbstverständlech an där doter Form net averstane sinn, och wa mer wëssen, datt viles

op béide Säite falsch leeft. Mee esou eng unilateral Condamnatioun ass fir eis net akzeptabel an där Form, wéi se do läit, an dofir wärte mir dergéinstëmme.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Wiseler. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Merci, Här President. Ech wëll der Madamm Oberweis Merci soen, dass si d'Theema haut ugeschwat huet. Ech mengen, dass et net verkéiert ass, reegelméisseg op dat Leed hinzeweisen, wat d'Leit do an de besate Gebidder Palästina erfueren. An et ass och eigentlech beschämend fir d'international Communautéit, fir eis alleguerten, dass mer et net fäerdegbréngen, dass do zwee Staate kënnen niewenteneen a mateneen a Fridde liewen.

Dozou gesot, wëll ech awer rappeléieren, dass mer hei eng Motioun als Chamber gestëmmt hunn, an zu där steet d'LSAP och nach ëmmer eent zu eent.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Cruchten. Da freet den Här Sven Clement d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Ech mengen, ech kéint e bëssen dat widderhuelen, wat de Claude Wiseler gesot huet, mee ech mengen, datt et doriwwer erausgeet. Mir brauchen eng kloer Zweestaateléisung. Dat ass eppes, zu deem sech Lëtzebuerg scho laang bekannt huet an zu deem och mir eis reegelméisseg bekannt hunn.

Ech war rezent do. Ech hu souwuel mat Palästinenser wéi mat Israelie konnte schwätzen. An eppes, wat ganz kloer ass, ass, datt mer et zumindest muss méiglech maachen, datt d'Palästinenser mol wile ginn. Aktuell gëtt et do en institutionelle Blocage, well d'Israelien d'Walen an Ostjerusalem verhënnere an d'Palästinenser soen: „Mir kënne keng Walen ofhalen, soulaang net all Palästinenser och wile kann!“ Ech mengen, datt dat de Kär vum Problem am Moment ass, deen och en Denouement vun deem ganze Knuet weiderhin e bësse blockéiert. Ech mengen, datt ee sech derfir sollt asetzen, datt et endlech zu demokratesche Wale ka kommen, fir datt aus där net gewielter Palästinenservertredung endlech eng gewielte Palästinenservertredung ka ginn, fir datt een och en Interlocuteur huet, mat deem een tatsächlech op Aenhéicht ka verhandelen an deen och demokratesch legitiméiert ass. Ech mengen nämlech, datt dat haut leider net de Fall ass.

Dann ass ganz kloer an där Motioun hei d'Siidlungstaktik vun den Israelien, déi e klore Verstouss géint d'Vëlkerrecht ass. Dat gouf schonn op ville Plaze gesot. Ech mengen, dat muss een net nach eng Kéier widderhuelen. An awer ass et besser, et widderhëlt een esou Saache ganz kloer nach eng Kéier.

D'Motioun vun 2014, do si mer dann erëm bei esou engem Fall, deen e bëssen üblech ass: D'Chamber hält eng Motioun un – déi hei ass elo aacht Joer al – an da geschitt näischt! D'Chamber huet mat enger Majoritéit d'Regierung zu eppes invitéiert an dat geschitt net. Do muss mir eis awer un der Nues huelen. A wann d'LSAP seet: „Mir stinn nach ëmmer zu där Motioun“ – ech mengen, Dir hutt déi nämmelecht Blutgrupp, zumindest politesch gesinn –, majo, da suergt derfir, datt dat och geschitt! Dat ass jo mat enger Majoritéit hei ugeholl ginn! Da suergt derfir, datt d'Regierung dat och ëmsetzt. Ech mengen, dat géif der Chamber gutt zu Gesiicht stoen.

An zur Motioun muss mer eis leider enthalen, well änlech wéi bei der CSV – a mir gesinn et e bësse manner staark – stéiert eis awer ganz kloer dodrunner, datt hei ganz eesäiteg Partei ergraff gëtt a virun allem e komplette Blocage vun Israel gefuerdert gëtt.

An ech mengen, et soll een déi zwou Situatiounen net vergläichen. Mir hunn an der aktueller Situatioun mat der Ukrain ganz vill Diskussiounen do ronderëm: Wat sinn déi richteg Sanktiounen? Wéi wäit sollen d'Sanktiounen goen? Wéi eng Felder sanktionéiere mer? A wou hält et op? An des Motioun hei geet wäit doriwwer eraus a fuerdert u sech eng honnertprozenteg Sanktionéierung vum israeelesche Staat. An dat kënne mir net matdroen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, villmools merci. Ech wëllt och ufänke mat engem Merci un d'Madamm Oberweis, well se eis op des Manéier erëm op déi Situatioun am Noen Osten opmierksam gemaach huet. Et ass e wichtege Konflikt.

Et ass awer och net méi deen eenzegen am Noen Osten, deen eis wierklech vill Suerge mécht. Et ass och mol net méi dee geféierlechsten am Abléck. Ech mengen, wa mer iwwert den Noen Oste schwätzen, sinn natierlech Situatiounen wéi zum Beispill den Iran, wéi de Krich am Jemen, wéi d'Situatioun a Syrien an nach aner Konflikter, déi eis natierlech am Abléck nach wäit méi mussen beschäftegen. Dat heescht awer natierlech net, datt mer eis net mussen permanent och mat der Situatioun am israeelesch-palästinenseschen Konflikt beschäftegen. Et ass wichteg, datt mer deen net einfach vergiessen, mee datt mer eis weider asetze fir eng friddlech Léisung.

Et ass och esou, datt déi Situatioun, déi elo scho genannt gouf, ëm d'Ukrain, nei Gefore schafft am Mëttelmeerraum. Mir wëssen, ëm Zypern läit Gas. An et sinn eng ganz Rei Leit drun interesséiert, fir déi geografesch Lokatioun vun Zypern, Israel an esou weider, och elo ekonomesch méi ze notzen. An domadder dréit déi Verschäerfung vun der Situatioun an Osteuropa selbstverständlech leider och derzou bäi, datt nei Krichsrisiken am Mëttelmeerraum entstinn.

Wéi ass et elo mat der Unerkennung vu Palästina? Et ass eigentlech och an deene leschten aacht Joren, zënter mer déi Motioun hei gestëmmt haten, net esou schrecklech vill um politesche Plang geschitt. Mir haten e Friddensplang vum President Trump. Dir wësst, wat mat deem geschitt ass. Deen ass emol net diskutéiert ginn. Deen ass direkt zréckgewise ginn. Ëmmerhin hat en de Meritt, mol erëm eppes ze proposéieren, an ze proposéieren, fir erëm Beweegung an de Friddensprozess ze kréien, och wa leider keen Erfolleg iergendwéi domadder verbonne war.

Wat d'Unerkennung vun engem Staat ugeet, muss mer ganz kloer soen, hale mer eis un déi Krittären, déi d'Vëlkerrecht virgesäit: e Staatsgebitt, e Staatsvollek, eng Staatsautoritéit, an déi Fakultéit, mat de Memberstaate kënne friddlech Relatiounen ze féieren. Wann een d'Analys mécht, ech erspueren Iech déi elo, fënnt een da ganz séier, datt keng vun deene véier Konditiounen am Abléck erfüllt ass, esou wéi den Droit international public se virgesäit. Also kënne mer se och net unerkennen, wa mer eis selwer eescht huelen an eis zu dem Droit international public bekenne.

Dat heescht awer net, datt mer net solle probéieren, de Friddensprozess no vir ze bréngen an och d'Palästinenser ze ënnerstëtzen, fir op deem Wee weiderzoukommen, fir kënnen eng Staatlechkeet fir sech selwer erauszubilden.

Mir sollten och insistéieren, géintiwier eise palästinenseschen Interlocuteurs, datt d'Mënscherechter do mol respektéiert ginn. Op jidde Fall wäit méi, wéi

dat am Abléck de Fall ass. Et kann een natierlech ëmmer Excusen huelen, fir net wielen ze goen, mee mir hätte gär, datt endlech Walen do sinn. Mir hätte gär, datt keng Doubesstrof méi applizéiert gëtt, datt net méi gefoltelt gëtt, datt d'Press net méi juguléiert gëtt an all déi aner Saachen a massiv Mënscherechtsverstéiss, déi mer awer leider och an de palästinenseschen Territoiren ëmmer erëm musse feststellen an déi och dokumentéiert sinn.

Den Text vun der Madamm Oberweis huet, wéi gesot, dee grouse Meritt, eis nach eng Kéier op déi Situatioun opmierksam ze maachen an an eis ze appelléieren, fir diplomatesch aktiv ze bleiwen. En huet awer och dee groussen Nodeel, wéi och aner Kollegeen et hei ënnerstrach haten, datt e leider komplett eesäiteg ass an dofir och net kann d'Zoustëmmung vun der ADR fannen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Da geet d'Wuert zréck un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm ...

Nee, fir d'éischt den Här Minister, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Här President, vläicht e puer Wuert, ...

(Brouhaha)

**Une voix** | Et ass gutt, de Mikro ass un!

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Nee, et ass immens déif ginn.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Nee, ech maachen dat. Ech maachen Tech dat.

(*M. François Benoy assiste M. Jean Asselborn à régler la hauteur du pupitre.*)

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | A, merci.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Voilà!

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | A, et ass gutt. Merci villmools.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Et ass gär geschitt!

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Sou, entschëllegt, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegeen, ech wollt vläicht awer profitéieren, fir e puer Wuert iwwert d'Situatioun um, ...

**Une voix** | Et ass gutt esou!

(*Hilarité et brouhaha*)

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Sou, bon, also, ech wollt trotzdem e puer Wuert iwwert déi Situatioun Israel/Palästina um Terrain soen, well ech mengen, et ass immens wichteg, dass mer weinstens e Gedankenaustausch doriwwer hunn.

Also, Dir wësst, dass et zënter Mäerz eng Well vun Terrorattacken an Israel gouf – 18 Leit goufen dobäi ëmbruecht –, zum Deel vu Palästinenser, awer zum och Deel, dat wësse mer, vun israeelesche Bierger, déi Sympathisante vum Daesh sinn.

D'israeelesch Arméi huet ganz, ganz haart reagéiert, andeems se verschidde Communautéiten am Westjordanland attackéiert an och kollektiv Bestrofungen imposéiert huet, notament géint de Refugiéscamp vu Dschenin.

Doropshin hat ech den Ambassadeur vun Israel bei mech geruff an ech hunn him gesot, dass et géint d'internationaalt Völkerrecht ass, wann ee mat kollektive Bestrofungen operéiert.

Den 8. Abrëll huet den israeelesche Premierminister annoncéiert, et géifen, Zitat, „keng Restriktiounen fir d'israeelesch Arméi am besate Westjordanland gëlen“. Laut de Statistiken huet d'israeelesch Arméi vu Januar bis Juni dëst Joer op d'mannst 62 Palästinenser ëmbruecht, dorënner och Fraen a Kanner.

De 15. Abrëll dunn hunn d'israeelesch Sécherheetskäfte fir d'zweet Joer hannereneen, Dir hutt dat gesinn, d'al-Aqsa-Moschee während dem Ramadan gestiermt. Et sinn dobäi iwwer 150 Palästinenser blesséiert ginn a 470 Leit, dorënner och 60 Kanner, si festgeholl ginn. D'Europäesch Unioun huet doropshin ëffentlech ënnerstrach, dass d'Reliounsfräiheet an de Status quo vun den hellege Plazen zu Jerusalem musse respektéiert ginn.

Den 11. Mee gouf dunn déi palästinensesch Journalistin Schirin Abu Ake erschoss. Déi eng soen, et wier en Accident gewiescht, déi aner soen, et wier geziilte Mord. Just esou vill vu mir: D'Madamm Abu Ake hat en Helm an eng schosssécher West un, wou kloer Press drop stoung! Si an hir Kollegee waren 300 Meter ewech vun der Plaz, wou gekämpft ginn ass. Sait dem Joer 2000 si laut Reporters sans frontières 30 Journalisten zu Gaza an am Westjordanland vun der israeelescher Arméi ëmbruecht ginn. A kengem vun deene Fäll sinn déi Persounen zur Rechenschaft gezu ginn.

Um Begriefnis dann, dat hu mer och gesinn, vun der Madamm Ake den 13. Mee zu Ostjerusalem, hunn d'israeelesch Sécherheetskäfte d'Sargdréier attackéiert, soudass d'Kontroll iwwert de Sarg verluergeangen ass. An ech mengen, mir wëssen allegueren net mat Wierder ze beschreiwen, wat een dovunner ze halen huet.

Schlussendlech gouf et dunn den 29. Mee nach de sougenannte „flag march“ vun israeeleschen Ultranationalisten duerch Ostjerusalem, wou „Doud den Araber“ gejaunt ginn ass, a wou änlech rassistesche Slogane geruff goufen. 81 Palästinenser goufen dobäi verletzt.

Parallél dozou gouf et nach zwou aner Entwécklungen. Dir wësst dat: D'israeelesch Autoritéiten hunn e Gebitt vun 3.000 Hektar, 3.000 Hektar am Westjordanland, wou iwwer 1.000 Palästinenser wunnen, einfach als militäreschen Übungsterrain deklaréiert. Dës Leit stinn elo ënner akutem Risk, fir onfräiwëllech deplacéiert ze ginn.

Gläichzäiteg huet Israel Pläng fir 4.000 nei Wunnen an den illegale Siidlunge virugedriwwen. A bëdes sinn, wéi Der wësst, Verstéiss géint d'internationaalt Völkerrecht.

Op politeschem Plang gesäit et leider net besser aus. Den 21. Juni huet jo och d'israeelesch Regierung annoncéiert, dass d'Knesset géif opgeléist ginn, soudass et elo den 1. November déi fënneft Wale gëtt bannent véier Joer. De President Abbas op där anerer Säit, sou ass ugedéit ginn, huet praktesch keng politesch Legitimitéit méi, a kee weess, wéi et soll weidergoen, wann hien enges Daags net méi do ass.

D'Zweestaateléisung – ech mengen, den Här Wiseler huet dat kloer gesot, ech kann dat och soen am Numm vun eis allegueren – op Basis vun de Grenze vun 1967 a mat Ostjerusalem als Hauptstadt vu Palästina ass a bleift a mengen Aen déi eenzeg gerecht an dauerhaft Léisung vum Konflikt.

Allerdéngs gëtt dës Léisung all Dag weider futti gemaach duerch d'israeelesch Siidlungspolitik. Hei nëmmen eng Zuel: Et sinn elo 600.000 Leit, déi an den illegale Siidlungen am Westjordanland wunnen, also d'Awunnerzuel vu Lëtzebuerg op engem Gebitt, wat eigentlech sollt enges Daags de palästinensesche Staat sinn.

Wann Dir haut mat de Jonken a Palästina oder och an Israel schwätzt, soen der vill: „Wann et keng zwee Staate kenne ginn, dann eeben ee Staat, wou jidder-een déi selwecht Rechter huet.“ Dat allerdéngs geet och erëm net, well dann déi jiddesche Communautéit an Israel net méi an der Majoritéit wier.

A wéi Der wësst, huet jo Israel 2018 de jiddeschen Nationalstaat deklaréiert. Also si mer an engem Däiwelskrees. Et ka weeder zwee Staaten nach ee Staat ginn. Mee wat bleift iwwer? Eng éiweg Occupatioun! De facto een eenzege Staat, awer mat ongläiche Rechter fir déi eng oder fir déi aner. Dat ka jo net d'Äntwert sinn.

Wéi Der wësst, an Dir hutt et och allegueren ugeschnidden, déi Motioun vun 2014, déi seet, dass d'Regierung invitéiert gëtt, de Staat Palästina bannent de Grenze vun 1967 unzekerennen, au moment jugé le plus opportun.

Sou, et ass sech elo effektiv ze froen, an et ass net nëmmen hei zu Lëtzebuerg déi Fro ze stellen: Wa mer Palästina unerkennen, wat bréngt dat? Bréngt et wierklech eppes? Hëllef dat de Leit konkreet oder ass et nëmme reng symbolesch? An do huet ee gesinn, um Beispill vu Schweden 2014, datt dat absolutt keen Affekt huet, wann ee Land eleng dat mécht.

An duerfir mengen ech nach ëmmer, dass mer, fir dass dat soll dee richtegen Impakt hunn, mussen zu enger zolitter Zuel vu Memberstaate sinn, déi dat zesumme maachen. An do spilt Frankräich – ech hunn dat schonn deemools 2014 gesot – een zentrale Rôle. Soubal Frankräich dee Schrëtt géif maachen, sinn ech dervun iwwerzeegt, dass mindestens eng hallef Dosen, wann net méi Länner hannendru wiere fir ze sui-véieren an dann och d'Unerkennung ze decidéieren.

Dir wësst och, fir ofzeschléissen, Här President, dass néng Memberstaate Palästina bis elo unerkannt hunn: Malta, Zypern, d'Tschechesch Republik, Slowakei, Rumänien, Bulgarien, Ungarn, Polen a Schweden. An ausser Schweden hu se dat allegueren am Joer 1988 gemaach, also ier se Deel ware vun der Europäescher Unioun.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Ausseminister Jean Asselborn. Da kritt nach den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Nathalie Oberweis, d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | Merci nach eng Kéier, Här President. Merci fir d'Reaktiounen, léif Kollegeen. Merci och dem Minister fir seng Wierder.

Ech wéilt just op e puer Saachen agoen. Also fir d'éischt, effektiv, wann de Moment opportun net do ass an net genuch Länner do si fir matzegoen, bon, da kann ee sech froen, wéini een et mécht. A warscheinlech wäert et drop erauslafen, dass mer et ni maachen. Dann hu mer och gutt geschafft! Dat ass dat Éischt.

Gutt. De Vertrieeder vun der LSAP huet un d'Motioun ernënnert. Effektiv, jo, wéi soll ech soen ...? Jo an dann? Do froen ech mech: Wat maache mer dann do mat deem Rappel un d'Motioun? Wat geschitt dann, wann d'Motioun net ëmgesat gëtt? Ech mengen, dovunner huet keen eppes. Op d'mannst sinn d'Palästinenser et weiderhin, déi hiert Land ewechgeholl kréien.

Dann hunn ech héiere vum Vertrieeder vun der CSV, d'Situatioun géif nëmme geléist ginn, wa mer eng Zweestaateléisung hätten. Ech géif mer och eng Zweestaateléisung wënschen. Ech géif mer dat och wënschen. Mee de facto um Terrain gëtt déi Zweestaateléisung all Dag mat Féiss getrëppelt an zerstéiert. Si gëtt säit Joren zerstéiert. Den Här Asselborn



huet et elo just gesot. Dat ass – wéi soll ech soen? – e Wonschdenken, vun der Zweestaateléisung ze schwätzen an nâischt ze maachen. Et geschitt guer nâischt. Si gëtt all Dag just méi verhënnert a méi onméiglech gemaach vun der israellescher Zersiidlungspolitik. An dohier, dat ass eigentlech nach just Wonschdenken an eppes widderhuelen, wat am Endeffekt guer nâischt méi ausseet, wann een nâischt derfir mécht.

An da mer ze soen, dass ech eesäiteg sinn! Wësst Der, Déi Fro vun der Eesäitegkeet ass eppes, wat mech säit Jore beschäftegt. An dat ass wierklech eng passionant Fro, déi ee sech d'ailleurs an all de politesche Froe ka stellen. A wann ech kucken, wat um Terrain geschitt, mir schwätze vun enger Besetzung: Jo, dat ass net e Conflit à deux parties égales. Et ass net déi eng géint déi aner, mee se sinn op deem selwechten Niveau. Et ass deen een iwwert deem aneren! Deen ee besetzt deen aneren, jo. Wann een dat seet, dann ass d'Siidlungspolitik eesäiteg. D'Besetzung ass eesäiteg. De Landraub ass eesäiteg. D'Haiserzerstéierung ass eesäiteg an esou weider. Dat ass eesäiteg!

A jo, da stinn ech mam internationale Recht do a mat de Mënscherechter an da sinn ech eeben eesäiteg, wann ech soen: Ech stinn op der Säit vum internationale Recht an ech fuerderen d'Ëmsetzung vum Vëlkerrecht a vum internationale Recht! Et ass ganz einfach, well et esou ass.

An da géif ech gär nach eng Saach soen. An zwar de Rappel un eis alleguer, an dann halen ech op, de Rappel vun dräi Obligatiounen vun de Staaten. Dem internationale Recht no hunn d'Staaten d'„obligation de ne pas reconnaître une situation illicite“, dat maache mer net; „devraient prêter aucune aide ou assistance au maintien d'une situation illicite“, dat maache mer net; „faire respecter par Israël le droit international“, maache mer net, a „veiller à ce que soit mis fin aux entraves au droit à l'autodétermination des palestiniens“, dat maache mer och net!

Mir respektéieren d'internationalt Recht net. A mir missten déi Obligatiounen, déi mir hunn, an den Här Asselborn weess dat ganz sécher, ëmsetzen. Mir maachen et net! Also, an deem Sënn setze mir hei d'internationalt Recht och net ëm.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kënnen ... Nee, den Här Claude Wiseler freet nach eng Kéier d'Wuert.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Jo. Ech wëll zwar zwou Remarque maachen. Déi éischt Remark, dat ass, datt ëmmer vun enger Motioun geschwat gëtt, déi am Dezember 2014 gestëmmt ginn ass. En fin de compte hu mer zwou Motiounen gestëmmt 2014, a se sinn allen zwou ugeholl ginn. An ech referéiere mech op déi, déi den Här Mosar 2014 erabruucht huet an déi vun eiser Fraktioun matgestëmmt ginn ass an hei an der Chamber ugeholl ginn ass. Déi seet, datt déi Reconnaissance am Kader vun enger Zweestaateléisung sollt gemaach ginn, wann d'Pourparlers de paix op béide Säiten och kéinte gemaach ginn a wann op där enger Säit dem État d'Israël d'Securitéit garantéiert ginn ass an op där anerer Säit de Palästinenser d'Indépendenz an d'Demokratie. Et ass déi Motioun, un déi mir eis nach ëmmer halen, wa mer an deem Dossier wëlle schwätzen.

Déi zweet Remark, déi ech wëll maachen, och un den Här Asselborn: Ech hu gutt verstanen, wat Dir eis elo alles un dramateschen Evenementer beschriwwen hutt. An ech verstinn och déi Gefiller, déi Dir hutt an och mir hunn, wann Der dat beschreift. Mee ech hätt just gär an där Diskussioun, wa mer déi Diskussioun da féieren, datt mer dann awer trotzdeem och déi aner Säit vun der Geschicht kucken.

Ech hunn hei de Bericht vun Amnesty International 2021-2022 iwwert dat, wat a Palästina geschitt, wat do u Mënscherechter a Fro gestallt gëtt, wat do Dé- tentions arbitraires, Torturen an aner Traitementen geschéien, utilisation excessive de la force an esou weider, och Krichsverbrieche geschéien.

Ech hätt zumindest gär, datt an den Discoursen an an de Motiounen déi dann och géingen ernimmt ginn, d'selwecht wéi déi, déi hei fir d'Israélien ernimmt ginn. Dat wär an enger Diskussioun, wou mer mat zwou Partien ze dinn hunn, sënnvoll. An ech mengen, datt een nëmme weiderkënn, fir Friden ze schafen an enger Géigend, wann een och d'Revendicatiounen vun deenen zwou Partiën gesäit an net nëmme vun enger.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Wiseler. Da ginn ech nach eng Kéier d'Wuert zrëck un den Här Asselborn.

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Bon, mir hunn zënter 2016 an der Europäescher Unioun kee Konsens méi, fir op eng Zweestaateléisung ënnert deene 27 hinzeschaffen. Dat ass e Fait. Dat ass direkt nom Brexit geschitt. An dat bedauern och ganz, ganz vill mat e puer anere Kolleegen. Ech hunn, Här Wiseler, hei drop higewisen, wat d'Faite sinn. Just, wat d'Faite sinn!

A mir musse wëssen, mir probéieren och elo, fir e Conseil d'association zustanen ze kréien an der Europäescher Unioun. Ech hëllef an och mat. An da musse mer awer, wann den israellesche Premier oder Ausseminister do ass, vläicht deen neien oder een alen neien, wa mer déi Froe kënnen stellen, awer och eng Positioun hunn als Europäesch Unioun. Wa mer als Europäesch Unioun net méi kapabel sinn, eng Positioun ze hunn, jo, dann ziele mer net méi a mir ginn negligéiert. Dat ass elo schonn de Moment de Fall. An duerfir, mengen ech, dat Wuert ginn ech Iech, ass also d'Lëtzebuerger Positioun zu Bréissel an där Saach hei eng, dass mer drop hischaffen, fir eng Méiglechkeet ze schafen, dass déi zwou Säite sech erëm kënnen un den Dësch setzen an dass een duerch Negociatiounen kann eng Zweestaateléisung hëkréien. Dat ass kloer. Dat ass eist Zil.

Op déi aner Manéier wëll ech awer och nach eng Kéier soen, dass et hei e Staarken an e Schwaache gëtt. An dee Staarken, deen et gëtt, deen abuséiert vun internationalem Recht. An ech mengen, dat muss kënnen kritiséiert a condemnéiert ginn. Alles, wat geschitt a Palästina, am Westjordanland, am Gaza, ass selbstverständlech och ze kritiséieren, mee hei geet et ëm dat, wat dee Staarke mécht par rapport zu deem, wat e misst maachen a misst respektéieren a Saachen internationalem Recht.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Asselborn. Da kënnen mer elo zur Ofstëmmung iwwert dës Motioun kommen.

#### **Vote sur la motion**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 2 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmme an 2 Abstentiounen ofgewisen.

*Ont voté oui: Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt*

*épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Dan Biancalana), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Se sont abstenus: MM. Sven Clement et Marc Goergen (par M. Sven Clement).*

### **5. 8045 – Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession du Royaume de Suède, fait à Bruxelles, le 5 juillet 2022**

### **8044 – Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Finlande, fait à Bruxelles, le 5 juillet 2022**

Mir kommen elo zum Projet de loi 8045 an zum Projet de loi 8044 iwwert den NATO-Bäitritt vu Schweden a vu Finnland. Déi gemeinsam Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert un d'Madamm Rapporteuse vun deem Projet de loi, déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

#### **Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile**

**Mme Lydia Mutsch** (LSAP), rapportrice | Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat deenen zwee Gesetzer ratifizéiere mir also haut de Bäitritt vu Schweden a Finnland an d'NATO.

No laanger militärescher Neutralitéit hunn déi zwee Länner decidéiert, Member an der NATO ze ginn. Den Ugrëffskrich vun der Russescher Federatioun op d'Ukrain an d'Verännerung vun der Sécherheetslag an Europa an an der Welt hunn déi zwee Staaten derzou beweegt, eng historesch Decisioun ze treffen.

Den 18. Mee hu si hir offiziell Demande gemaach. D'NATO huet dës Bäitritt widderholl an de Kontext vun hirer Open Door Policy gesat. D'Grundlag vun der NATO-Erweiterungspolitik ass den Artikel 10 vum Nordatlantikverdrag vum 4. Abrëll 1949. An deenen Artikel definéiert, ech zitieren: „D'Parteien kënnen, duerch eestëmmegen Accord, all aneren europäesche Staat, dee kapabel ass, d'Entwécklung vun de Prinzipien vun deem Vertrag ze féieren an zu der Sécherheet vun der Nordatlantikegion bäizetroen, invitéieren, fir dem Vertrag bäizetrieden.“ Keng drëtt Partei huet dee Moment e Matsproocherecht. Am Choix vun hiren Allianzen sinn d'Natiounen souverän.

Um rezenten NATO-Sommet zu Madrid hu Finnland a Schweden hir Entschéedung reafirméiert a si ass vun den NATO-Membere begréisst ginn. Nodeems

en trilaterale Memorandum töscht Finnland, Schweden an der Tierkei ënnerschriwwen ginn ass, waren all d'Memberstaaten averstanen, fir déi zwee Kandidaten opzehuelen.

De 5. Juli hu Schweden a Finnland jee weils e Protokoll zum Traité vum der NATO ënnerschriwwen. Den 11. Juli huet eis Regierung déi zwee Gesetzesprojeten deposéiert, fir déi Protokoller ze ratifizéieren. Dee selwechten Dag huet de Staatsrot seng Avisen ofginn. Déi aussepolitisch Kommissioun ass och den 11. Juli zesummekomm an huet an enger Sëtzung déi zwee Projekte presentéiert kritt, ech sinn als Rapportrice ernannt ginn, d'Avise vum Staatsrot si berücksichtegt an déi zwee Rapporten eestëmmege ugeholl ginn.

Här President, méi séier kann e Parlament net schaffen! D'Prozedur war deemno ganz kloer méi acceleréiert wéi üblech, well et immens wichteg ass, dass mir déi zwee Protokoller esou séier wéi méiglech ratifizéieren.

De Baitrëtt vu Schweden a Finnland ass eréischt realiséiert, wann déi 30 NATO-Memberen d'Protokoller ratifizéiert hunn.

Et wier an der aktueller Situatioun kaum virstellbar gewiescht, dass eis Chamber eréischt am Oktober zesummekomm wier, fir déi zwee Gesetzer ze stëmmen. Op den Dag vun haut hu Kanada, UK, Estland, Norwegen, Dänemark, Island, Albanien an Däitschland déi zwee Baitrëttsprotokoller ratifizéiert. Mir sinn deemno mat derbäi am éischte Peloton, an dat ass och gutt esou.

Ech wéilt dofir eisem President, dem Yves Cruchten, an alle Membere vun der aussepolitescher Kommissioun Merci soen, dass mir op dee Wee konnte goen.

Kolleginnen a Kollegen, mir hunn zënter geschwëfennef Méint e Krich matten an Europa. Déi international Sécherheetssituatioun huet sech fundamental an dramatesch verännert. Doduerch huet sech och d'NATO mussen nei positionéieren. Um Sommet zu Madrid, wou mir duerch dräi Regierungsmembere vertruede waren, hunn d'NATO-Memberstaaten en neit Strategiekonzept adoptéiert. D'Erweiterung vun der NATO schreift sech an déi nei Gesamtstrategie an.

D'Grundlag bilde weiderhin déi dräi fundamental Aufgaben vun der NATO: d'Ofschreckung an d'Verdeedung, d'Kriseprevention an -gestioun an déi kooperativ Sécherheet. En zousätzleche Fokus gëtt ënner anerem op d'Cyberdefense geluecht, op d'Resilienz um Terrain, op den ziville Krisenmanagement an der Reaktioun op Katastrophenhëllef a Gesondheitsnoutfäll, op d'Auswierkunge vum Klimawandel oder déi ëmmer méi dramatesch Liewensmëttelonsécherheet an hir Repercussiounen op déi global Sécherheetssituatioun.

Kommt, mir vergiessen och net, dass d'Aarbecht vun der NATO immens wichteg ass am Beräich vun der humanitärer Hëllef a vun der Kooperatiounszesummenaarbecht, fir op eng securiséiert Aart a Weis Hëllef um Terrain kënnen ze leeschten.

Aus all deene Grënn ass et ganz wichteg, dass all d'Memberlänner vun der NATO zesummenhalen an där verännerter Sécherheitslag Rechnung droen.

Mat der Ratifizierung vun deenen zwee Baitrëttsprotokoller setze mir haut e wichtegt Zeechen. Lëtzebuerg war, ass a bleift e fiabelen a solidaresche Partner fir d'NATO. Mam Baitrëtt vu Schweden a Finnland ginn och déi demokratesch Valeure vum Bündnis gestärkt. D'Memberstaate si grad an deesen Zäiten, wou d'Souveränitéit vun engem europäesche Land a Fro gestallt gëtt, esou géeeent wéi scho laang net méi.

Schweden a Finnland si scho säit Joerzéngte ganz enk Partner vun der NATO. Déi zwee Länner sinn

dynamesch, modern a fortschrittlech Staaten, bei deenen den Asaz fir Demokratie a Rechtsstaatlechkeet e besonnesche Stellenwert huet. Domat sti si och Lëtzebuerg an eise Valeure ganz no. An dofir huet et och kee verwonnert, dass eis Regierung d'Demande vun deenen zwee Länner, fir der NATO bäizetrieden, direkt an ouni Émweër ënnerstëtzt huet. Eist Land begréisst Schweden a Finnland als nei Memberlänner vun der NATO an dofir ratifizéiere mir och haut als Chamber d'Baitrëttsprotokoller esou séier, wéi et méiglech war.

Ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet a ginn och den Accord vu menger Fraktioun mat op de Wee.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Rapportrice Lydia Mutsch.

An als éischte Riedner ass den honorablen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Merci, Här President. Ech wëll och dem Här Cruchten an der Madamm Mutsch Merci soe fir déi schnell Aart a Weis, wéi mer hei geschafft hunn, well dat hei ass déi éischte Kéier, dass mer am Fong schonn e Rapport haten, éier mer d'Gesetz deposéiert haten. Mee mir waren och als Oppositioun domadder d'accord.

Ech wëll just dem Här Di Bartolomeo soen: Wann hie sech ëmmer rümt, wéi schnell hien a Covidossiere schafft, den Här Cruchten ass dës Kéier besser gewiescht!

**Plusieurs voix** | A!

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Esou schnell war et nach ni gaangen.

*(Brouhaha et hilarité)*

Viru sechs Méint hätt een et a sech nach als onméiglech empfonnt, dass Finnland a Schweden hir Neutralitéit géifen opginn. Déi Neutralitéit war en fin de compte en Deel vun hirer Geschicht. Mee net nëmmen Deel vun hirer Geschicht, och en Deel vun der Aart a Weis, wéi se Politik gemaach hunn, wéi se geduecht hunn, wéi d'Leit an der Politik sech an hirem Selbstverständnis gesinn hunn. A laang ass och consideréiert ginn, dass déi regional Securitëit op dëser Neutralitéit am Norde vun Europa géif baséieren. Dat war vu jiddwerengem akzeptéiert, och an Europa.

Den Term „Finlandisatioun“ ass eppes, wat am Fong d'Sënnbild fir d'Neutralitéit a fir den Non-alignement weltwäit ass.

D'ailleurs, soen ech, ass et och gutt, wann eng Rei Länner net alignéiert sinn, wann eng Rei Länner als neutral weltwäit unerkannt ginn, well dat gëtt heiansdo a Konfliktsituatiounen d'Méiglechkeet, fir en Terrain ze fannen, wou ee ka matenee verhandelen.

Mee Neutralitéit ass e Konzept aus der Nokrichsäit. Déi Neutralitéit, vun där mer hei schwätzen, ass eng vun de sowjetesche Konditiounen gewiescht, fir verschiddene Länner, déi besat waren, hir Independenz ze ginn, fir d'Éischt imposéiert, mee dann awer och vun de Bevëlkerungen akzeptéiert. D'ailleurs net nëmmen a Finnland an a Schweden, och an Eisträich zum Beispill war dat de Fall. An déi hunn dat souguer an hire Gesetzer tel quel verankert als Prinzip.

Nom Krich ass och consideréiert ginn, dass a Schweden a Finnland d'Neutralitéit a sech fir méi Sécherheet vun deene Länner sténg. Mee wann ee kuckt, wéi et weidergaangen ass: Och Schweden huet lues a lues, an haaptsächlech säit 2014, ugefaangen, sech vun där Neutralitéit ze entfernen. Éischtens, andeems se säit 2014 e ganz staarke Renforcement vun hirer

Armée gemaach hunn. Zweetens, andeems se och e Rapprochement mat der NATO gemaach hunn. An drëtzens, andeems se diplomatesch ëmmer méi op Distanz mat Russland gaange sinn.

Bei Finnland ass et geschichtlech e weëneg anescht, well Finnland nach bis 1917 zu Russland gehéiert huet an och géint Russland am Zweete Weltkrich gekämpft huet an duerno e Frëndschaftsaccord mat Russland war, deen d'Neutralitéit och beinhalt huet, fir dass se konnten hir Independenz bewahren. Dat ass d'ailleurs 1995, wéi Finnland an d'EU komm ass, deelweis a Fro gestallt gi sengerzäit.

Mee dat muss een esou gesinn, well dat ass d'Realitéit, déi batter Realitéit vun haut: De russeschen Iwwerfall op d'Ukrain huet alles geännert! D'Neutralitéit schützt net méi. D'Neutralitéit an d'Noperschaft vu Russland ginn haut als Schwächt consideréiert. Dee „Pufferstaat“, wéi en ëmmer consideréiert ginn ass, ass haut kee Pufferstaat méi, mee gëtt iwwerfall, wann net kloer an däitlech d'Protektioun vun anere Länner do ass.

Dës Länner, Schweden a Finnland, hunn dat gemierkt a consideréieren, dass d'Neutralitéit e Konzept vum viregte Joerhonnert ass. Et ass haut keng Äntwert méi op d'Sécherheets- a Verdeidungsfroen, déi sech haut stellen.

D'Neutralitéit, déi mécht Sënn, an nëmme Sënn, wann ee kann dervunner ausgoen, dass d'internationalt Recht d'diplomatesch Bezéiunge reegelt. Wann awer eng vun de Parteien d'internationalt Recht mat Féiss stéisst a rennt, dann ass et just nach d'Muechtpolitik, déi zielt, an dann ass d'Neutralitéit näischt méi wäert.

Hei sinn zwee Länner mat staarken, trainéierten an asazfähigen Arméien. Dat ass a sech fir d'NATO eng zolidd Verstärkung mol an enger éischter Hisiicht. A si si souwisou scho fir eis als Europäer zwee EU-Länner mat alle Verpflichtungen, déi d'EU souwisou schonn an hiren Traité fir hir Sécherheet huet.

Wat bréngt déi Adhesioun elo Finnland a Schweden? Mee haaptsächlech a just d'Protektioun vum Artikel 5 vum NATO-Traité, dat heescht, de Fait, dass net nëmmen d'EU-Länner, mee och Amerika an déi aner Länner sech responsabel erklären, fir hir Verdeidung ze garantéieren am Fall, wou se géifen ugegraff ginn, wou aner Zaldote géifen op hiren Territoire Zaldote setze respektiv se ugräifen.

Et ass also hei an eisen Aen eng Verstärkung och fir d'EU-Verdeidung am grouse Ganzen. Aus all deene Grënn an aus der haiteger Situatioun eraus ass et fir d'CSV-Fraktioun eng absolutt Evidenz, dass mer eis Zoustëmmung zu deenen zwee Gesetzer wäerte ginn.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Wiseler. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas (DP)** | Merci, Här President. Dass grad Länner wéi Schweden a Finnland géifen esou séier eng Demande maachen, fir an d'NATO ze kommen, dat hätt mat Sécherheet kee fir méiglech gehalen. Mee nom 24. Februar huet d'Welt immens geännert. An déi zwee Staaten, déi u sech joerzéngtelang – bei Schwede kann ee soen „zwee Joerhonnerte laang“ – op hir Neutralitéit gepocht hunn, deenen ass et op eemol net séier genuch gaangen, fir Member vun der NATO ze ginn.

Ech mengen, d'Ursaach ass bekannt. Iwwert déi brauche mer hei net méi vill Wieder ze verléieren.



Obwuel et extreem schlëmm ass, datt dee Krich nach ëmmer undauert. Een inakzeptabele Krich. An dat muss een eng Kéier ganz daitlech hei ënnersträichen! Dat, wat d'Russen a virun allem den Här Putin do de 24. Februar declenchéiert hunn, ass ganz grausam, ass ganz schlëmm. An dat kënnen mer op kee Fall esou akzeptéieren.

Ech wëll och selbstverständlech direkt hei betounen, datt d'Demokratesch Partei ganz kloer derfir ass, datt déi zwee Länner elo neie Member vun der NATO solle ginn. Et ass ouni Zweifel och eng Verstärkung fir d'NATO. Wann ee Finnland elo hält, do geet elo u sech, wéi gesot, en Neutralitéitsdenke vun 80 Joer op en Enn. Bei de Finnen, déi ouni Zweifel de Wanterkrich vun 1939/1940 nach an de Schanke setzen hunn, do ass dat mat Sécherheet nach méi ze verstoën.

Souguer de Moment kann een nach soen, datt Finnland zum Deel e bëssen ënnert der Fuchtel vu Russland steet. An ech muss och hei un deen ominöse Frëndschaftsvertrag – wann ee schonn dat Wuert „Frëndschaft“ hei muss huelen, mee en heescht offiziell nun eeben esou – erënneren. A gottseidank gehéiert dat dann elo awer der Vergaangenheet un.

Ech mengen, Finnland huet 23.500 Berufszaldoten an 870.000 Reservisten. Dann hu se nach e Grenzschutz vun 3.800 Mann, deen am Fong geholl kann och verdräifacht ginn, wann et misst sinn.

An deem Land war ëmmer eng ganz grouss Skepsis, fir der NATO bäizetrieden. A wann ech hei un eng Rei Sondagen erënneren aus deene leschten 20 Joer, da waren et ëmmer maximal 25 % vun de Bierger, déi derfir waren, datt Finnland sollt der NATO bäitrieden. An deene leschte Méint sinn natierlech och Sondagë gemaach ginn – du war et just ëmgedrëit. Do ware 75 % derfir, datt Finnland sollt an d'NATO erakommen. A Finnland huet och ëmmer eng gewëssen Angscht gehat vis-à-vis vu Russland. Dat erkläert sech och doduerch zum Beispill, datt Finnland nom Kale Krich reegelméisseg nach ëmmer Bunkere gebaut huet. An déi hunn déi bestëmmt net gebaut, fir do d'Vakanz ze verbréngen. An dat seet, wéi gesot, méi wéi genuch.

Wat Schweden ubelaangt, do muss een drop hiweisen, datt Schweden eng ganz staark Marine huet. Si hu plus ou moins 50.000 Zaldoten. An da muss een och op d'Insel Gotland hiweisen, déi strateegesch immens wichteg ass. Soudatt et och, wéi gesot, fir Schweden en immens wichtige Bäitrag ass, der NATO elo bäizetrieden.

Am Global Firepower Ranking gëtt iwwregens Schweden op der 22. Plaz gefouert a Finnland op der 53. Déi zwee Länner hu jo awer och schonn eng gewëssen Erfahrung mat der NATO. Ech mengen, et sinn eng Rei gemeinsam Manövere scho gemaach ginn. Et ass och e bësse versicht ginn, en Alignement ze maachen zwëschen dem Ekipement vum militäreschen Material. Och dat beweist also, datt trotz allem awer déi zwee Länner schonn eng gewësse Sympathie – fir et emol esou auszedrücken – fir d'NATO an all deene Joren haten.

Ech ka mer virstellen, datt besonnesch um Niveau vun de baltesche Staaten elo och e gewëssen Opootme kënn. Well grad déi baltesch Staate si jo déi, déi de Moment mat déi gréissten Angscht hu vis-à-vis vun dem Aggresseur – an et ass en Aggresseur; dat kann een net méi wéi oft hei ënnersträichen –, vu Russland. An dowéinst ass dat heiten eng Stärkung vun der Ostflank, ouni Zweifel.

Et konnt och gottseidank elo eng Eenegung mat der Türkei fonnt ginn, obwuel een dat och elo net soll hei iwwerbewäerten. Ech mengen, dat, wat den Här

Erdoğan déi lescht Wochen opgefouert huet, zeugt och net onbedéngt vun engem Solidaritéitsgedanke vis-à-vis vun der NATO; obwuel säi Land jo awer och Member vun der NATO ass.

Datt elo dee Konsens do konnt, virun allem mat Schweden, fonnt ginn, ass zwar ze begreissen, mee et däerf een awer net vergiessen: Dat riskéiert awer, och a Schweden, gewëssen innepolitesch Problemer mat sech ze bréngen.

Datt elo den Här Putin Menacen aussprécht vis-à-vis vun deenen zwee Länner, dat ass méi wéi lamentabel! Ech mengen, grad den Här Putin soll roueg sinn, deen am Fong geholl guer kee Sënn huet, fir Musterdemokratien. An ech géif déi zwee Länner scho bal als Musterdemokratie dohistellen. Dowéinst soll e ganz, ganz roueg sinn! An, ech mengen, och mir sollen dat net iwwerbewäerten, wann en och elo vis-à-vis vun deenen zwee Länner seng Muskelen do spille léisst.

Déi ganz Diskussioun féiert eis awer och derzou, fir awer emol d'Fro ze stellen: Wéi ass et mat de véier anere Länner, déi an der Europäescher Unioun sinn, déi de Moment net Member vun der NATO sinn? Inwiefern, datt och do vläicht déi Diskussioun awer eng Kéier misst declenchéiert ginn. Ech mengen, ech denken u Malta, ech denken u Zypern, ech denken un Éisträich an ech denken un Irland. Ob net awer och sollen op deem Niveau vläicht emol Gedanke gefouert ginn, inwiefern datt et awer elo eng zousätzlech Verstärkung fir d'NATO wär, wann och esou Länner der NATO géife bäitrieden.

Elo gëtt natierlech d'NATO duerch dee Bäitritt vun deenen zwee Länner zousätzlech europäiséiert. Dat ass och fir eis als klengt Lëtzebuurger Land immens wichteg. Ech mengen, mir, déi natierlech en Esprit ouvert hunn – müssen hunn – vis-à-vis vun der Sécherheetsuerdnung an Europa. An dat bréngt eis natierlech och an nach méi eng komfortabel Situatioun.

Vläicht, erlaabt mer Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ganz kuerz awer och nach iwwer déi Aart a Weis, wéi mer u sech déi zwee Gesetzter elo hei ficeleiert hunn, ze schwätzen. Dat ass natierlech op eng ganz onorthodox Manéier vir sech gaangen. Ech wëll awer ganz kloer hei betounen, datt d'Demokratesch Partei hannert där Form steet, datt mer gëschter Owend um 17.30 Auer e Rapport ugeholl hunn, an haut elo schonn driwwer diskutéieren an en ofstëmmen.

Dat zeechent Lëtzebuerg aus! An et ass och gutt, datt mer dat maachen. Ech mengen, mir sinn elo dat zweet Land, wat u sech déi Ratifizierung virhëlt; oder dat drëtt, wéi et dann och ëmmer ass. Op alle Fall: Mir sinn am viischte Peloton. Dat war fréier net ëmmer de Fall. Do ware mer éischter méi an der Mëtt.

Et däerf ee jo net vergiessen, dat wëllt elo net heeschen, wann déi 30 Memberstaaten dat hei ratifizéiert hunn, datt dann automatesch Schweden a Finnland an der NATO sinn. Also, et kann een dervun ausgoen, datt et awer nach sechs bis aacht Méint, deemno wéi, am schlëmmste Fall, dauert, bis se definitiv Member sinn.

Ech wëll vläicht ofschléissend soen: Dat hei ass op alle Fall emol eng grouss Nidderlag fir den Här Putin. Ganz kloer! Ech mengen, den Här Putin ... An ech maache mech elo zum Interpret vum Här Stoltenberg, dem Generalsekretär vun der NATO, dee gesot huet: „Den Här Putin wollt am Fong geholl manner NATO laanscht seng Grenzen hunn. Mee bon, duerch säin Optrieden an deene leschte Wochen, kritt en elo méi NATO laanscht seng Grenzen.“ An dat ass och gutt esou.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Graas. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

*(Interruption)*

Nee, dat schéngt net esou de Fall ze sinn. Dat steet zwar esou hei.

*(Interruption)*

An dann ass et un där honorabelen Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Stéphanie Empain (déi gréng)** | Villmools merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och ufänken an direkt am Ufank der Rapportrice, awer net nëmmen hir, ech mengen, der ganzer Ekip hannendrun, och dem Staatsrot, hei ee grouse Merci soen, fir dee Rekordtempo, mat deem mer un dee Projet de loi erugaange sinn. Deen huet musse ganz schnell aviséiert ginn, an de Rapport redigéiert ginn.

An dass mer dat an deem Tempo gemaach hunn, dat weist och op d'Wichtigkeet hi vun dësem Gesetzestext. Well mat enger schneller Ratifikatioun wëlle mir och en Zeeche setzen un eis Partner aus der NATO, awer virun allem och u Schweden an u Finnland, fir hinnen ze weisen, dass hire Bäitritt zur NATO eis immens wichteg ass.

An natierlech ass d'Urgence och der aktueller Sécherheetssituatioun a méi prezis natierlech dem Krich vu Russland an der Ukrain geschëlt. Dese Krich gëtt och begleet duerch Drounge géintiwwer enger Partie vun NATO-Länner, an och vun enger ganz aggressiver Rhetorik säitens dem President Putin, deen en Atomkrich net ausschléisst a wierklech net virun esou Aussoen zréckschreckt.

*(Interruption)*

A fir déi puer, déi elo vläicht mengen, dat heiten, also d'Adhësioun vu Finnland a Schweden zur NATO, wär elo vläicht nach eng weider Provokatioun fir de Putin, „heimat géif Russland weider an den Eck gedriwwen ginn“, do muss ee soen, dass et hei absolutement net ëm russesch Sécherheetsinteresse geet. Et geet reng ëm d'Sécherheetsinteresse vun zwee Länner, déi sech grad duerch déi russesch Aktiounen iwwert déi lescht Joren ëmmer erëm bedroht gefillt hunn, an zwar bis zu deem Punkt, wou se hir ganz Sécherheetspolitik op d'Kopp gestallt hunn, fir eeben elo Member vun der NATO ze ginn.

*(Interruption)*

Et sinn de Putin a senge Matleeder, déi mat hiren Aussoen, hiren Aktiounen genee dat ausgeléist hunn, virun deem se ëmmer gewarnt hunn, wat se ëmmer eropbeschwuert hunn: nämlech e Verstärke vun der NATO, eng Oprüstung op där anerer, op eiser Säit.

Et ass déi russesch Bedroung, déi an Däitschland eng enorm Oprëschtung ausgeléist huet. Et ass och déi russesch Bedroung, déi derzou gefouert huet, dass d'Ostflank vun der NATO elo verstärkt gëtt. An et ass d'VJTF, also der NATO hir Very High Joint Task Force (veuillez lire: Very High Readiness Joint Task Force), déi vun aktuell ronn 40.000 Leit op 300.000 soll eropgesat ginn. Dat ass en enormen Effort, deen do vun de Memberstaaten ënnerholl gëtt an deen do muss gestäipt ginn.

Fakt ass awer, dass Russland domadder genee dat provoziert huet, virun deem se ëmmer gewarnt hunn. An de Putin a seng Matleeder si ganz eleng derfir verantwortlech, dass d'NATO erëm eng richteg Daseinsberechtigung huet, dass d'Bündnispartner

zesummegeéréckelt sinn an haut méi staark a gééent dosti wéi virdrun an dass se elo souguer och zwee weider Membere solle bäikréien.

Wat Russland méi versicht huet, béid Länner anzeschüchteren, wat dëst méi de Géigendeel als Reaktioun bei hinnen ausgeléist huet. Béid Länner si sech mat all Aschüchterungsversuch méi bewusst ginn, wéi wichteg et fir si ass, net ouni Bündnispartner dozestoen.

Well, wéi mer am Fall vun der Ukrain gesinn hunn: Et ass grad de Fait, dass se net Member vun der NATO ass, dee gemaach huet, dass de Putin sech un dee Krich erugetraut huet. An dat ass och e kloert Zeechen un all déi, déi net midd ginn, sech vun der NATO ze distanzéieren. Well wann et drop ukënnt, dann ass een awer frou, wann een am Endeffekt net eleng dosteet.

Mir ginn haut mat dësem Vott eise Feu vert, dass Finnland a Schwede kënnen Member vun der NATO ginn. Mir schwätzen hei vun zwee Partnerlänner, déi ewell scho laang ganz enk mat der NATO kooperéiert hunn an déi alle béid Member si vun der EU.

Si an d'NATO opzehuelen, ass net just en Akt vu Solidaritéit vis-à-vis vun zwee Länner, déi hir Sécherheetslag, wéi gesot, ganz nei evaluéiert hunn, et ass och eng Win-win-Situatioun: Hir Memberschaft bréngt der Allianz weider Sécherheet a weider Stabilitéit.

Mat dësem Vott si mir, wéi d'Rapportrice gesot huet, mat déi Éischt, déi dëse Protokoll ratifizéieren. An domadder wëlle mir, wéi gesot, och e Signal senden. An ech ka just hoffen, dass et net méi laang dauere wäert, bis all 30 Länner dëse Protokoll ratifizéiert wäerten hunn.

An domadder ginn ech natierlech och den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Empain. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëilt och ufänken an der Madamm Mutsch e ganz grouse Merci soe fir hire Rapport an déi Vitess, mat där hei geschafft gouf. Dat ass ënnerstrach ginn, op déi eng oder aner Manéier, an zu Recht.

Et ass fir mech – wann Der erlaabt, déi kleng perséinlech Bemierkung ze maachen – ëmmer erëm e Wonner, wann ech hei déi Diskussiounen iwwert d'NATO novollzéien. Ech erënnere mech nach esou gutt, dass eng Rei vun deene Parteien, déi hei optrieden an der NATO do all méiglech Komplimenter maachen, nach virun e puer Joer ganz aner Téin haten. A wann ech héieren, dass déi gréng Kolleegen déi kritiséieren, déi sech vun der NATO distanzéiert haten, dann erënnere mech nach u Biller an enger ganz anerer Richtung: „Frieden schaffen ohne Waffen“ an esou weider. Mee dat ass just eng kleng perséinlech Bemierkung.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | D'ADR huet sech vun Ufank un an dëser Kris zu der Sécherheet vun den neutralen EU-Staate bekannt. Mir stinn och weiderhin zu dësem Engagement a stëmmen och fir dës zwee Gesetzter, déi spezifesch Schweden a Finnland concer néieren.

D'ADR bekent sech och allgemeng zu der NATO als international Verdeeegungsallianz an nordatlantesche Raum. Den Optrag vun der NATO kann et net sinn, géintiwier iergendengem Land offensiv opzotrieden oder ze probéieren, fir hir Aktivitéite weltwäit

auszebreen. D'strategieescht Konzept vun der NATO muss deenen zwou Konditiounen gerecht ginn.

De Baitrëtt vu Finnland a Schweden an d'NATO ännert an der Praxis net ganz vill. Wichteg ass: D'Sécherheitsgarantie vum Artikel 5 gëllt och elo formell fir déi zwee Staaten. Awer déi zwee Staaten hunn och an der Vergaangenheet scho mat der NATO enk zesummegeeschafft.

Schweden a Finnland haten an hirer Neutralitéitspolitik Grousses gelescht. Net vergiess ass d'Konferenz vun Helsinki, déi viles derzou bäigedroen hat, d'Relatiounen tëschent Ost a West am Kale Krich ze entspannen. Mir hoffen, dass d'Politik vun deenen zwee Länner och an Zukunft vum Wonsch no Fridden, Ausgläich a Gerechtegkeet gedroe bleift. Mir géifen et begréissen, wann déi zwee Länner och weiderhin Initiative géifen huelen, fir Leit a Länner zesummezebréngen an net ze trennen.

Schweden a Finnland wore gutt an zouverlësseg Nopere fir all Staaten an der nordosteuropäescher Regioun. Mir wënschen eis, dass dat esou bleift, an dass de Baitrëtt vun deenen zwee Staate an d'NATO esou ofleef, dass e vu kengem anere Land als Risiko fir seng eege Sécherheet gesi gëtt, an dass och keen anert Land probéiert, vun deem Baitrëtt ze profitéieren, fir regional Gläichgewichter ze veränneren an doduerch Europa nach e Stéck méi ze destabiliséieren.

Den NATO-Baitrëtt vu Finnland a Schweden ass nëmmen dann en Erfolleg, wann en allen europäesche Staate méi Stabilitéit bréngt an net manner!

Eist Zil muss et bleiwen, trotz där schwieriger Lag, an där mir am Abléck sinn, en neie Kale Krich ze verhënneren. Eist Zil muss et sinn, eng europäesch Friddensuerdnung ze erreechen. D'Mëttel derfir sinn: Vernunft, Eierlechkeet an Diplomatie. An de Wonsch ass et, dass mer kënnen erëm en Europa hunn, an deem mer erëm kënnen zesummeschaffen an och zesummen handelen an handeln, also och am ekonomesche Sënn.

Suerge mécht eis d'Attitud vun der Tierkei an dësem Adhesiounsprozess. Mir hu gesinn, dass Schweden a Finnland ganz grouss Konzessiounen hu misse maachen, déi och direkt Implikatiounen op d'Mënscherechter kënnen hunn. Mir wäerten dësen Dossier ganz genee verfolgegen.

Ech mengen, op där enger Säit begrëisse mer natierlech, dass Schweden a Finnland als Ausdrock vun hirer souveräner Decisioun elo Member ginn an der NATO. Mir stëmmen dat jo och mat. Mee op där anerer Säit musse mer kucken, dass aner Länner doraus net Virdeeler zéien, déi an enger anerer Regioun, notament am Moyen-Orient, nei Instabilitéite bréngen an an deene Regiounen och nei Gefore fir Mënscherechter kënnen ervirbréngen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An dann ass et un där honorabelen Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, ënnert dem Androck vum russeschen Aggressiounskrich géint d'Ukrain hunn d'finnesch an d'schweedesch Regierungen decidéiert, am Schnellverfaren der NATO bäizetrieden. Mir hunn dofir Verständnis. De kriminelle Regim vum Moskau schéngt dëser Deeg zu allem fäeg ze sinn. An d'Sécherheitsbedierfnis vun deenen zwee nordesche Staate kënnen mir absolutt novollzéien.

Op där anerer Säit hu mir bekannterweis eng ganz kritesch Haltung zur NATO. Dofir gëtt et dräi Haaptgrënn, déi ech hei géif widderhuelen.

Éischtens wéinst den Ugrëffskricher vun der NATO a Jugoslawien an a Libyen.

Zweetens, well d'NATO eng eegestänneg europäesch Aussen- a Verdeidigungspolitik onméiglech mécht.

An drëttens, well d'NATO eng zentral Verantwortung dréit an der aktueller globaler Oprëschtungsspiral.

Mir wäerten eis dofir bei dësem Vott enthalten, eeben, well mer engersäits Verständnis hu fir déi souverän Decisioun vu Finnland a Schweden, anerersäits awer, well mer eng prinzipiell ofleenend Haltung hu par rapport zur NATO.

Ech wëll dofir awer nach eng kéier ganz kloer ënnersträichen, dass dës Abstentiuon net géint d'EU-Partner Schweden a Finnland gerichtet ass, géint déi mir natierlech absolutt näischt hunn an deenen hir Decisioun mer, wéi gesot, total novollzéie kënnen.

Här President, wat eis awer an dësem Kontext extreem schockéiert huet, ass d'Verhale vun der Tierkei! Déi erpresseresch Aart a Weis, wéi den tierkesche President seng Zoustëmmung u ganz haart Konditiounen gebonnen huet, ass einfach inakzeptabel! De Memorandum – ech weess net, ob Der e gesinn hutt –, dee Schweden a Finnland hu missen ënnerschreiwen, ass eng Bankrotterklärung un eng wäertebaséiert Aussepolitik, ausgehandelt ënnert der Ägide vum NATO-Generalsekretär!

Finnland a Schweden hunn an de leschte Joren, Dir wësst et, oft eng ganz kritesch Positioun ageholl par rapport zur tierkescher Aussepolitik. An dat zu Recht! Si hu couragéiert Positiounen bezu géint de vëlkerrechtswiddrigen Amarsch vun der Tierkei an Nordsyrien. 2019 hu Finnland a Schweden en Exportembargo fir Waffen an d'Tierkei decidéiert a sech och fir e Waffenembargo op EU-Niveau staarkgemaach. Schweden huet och d'Verfolgung vun Oppositionellen an der Tierkei oppe kritiséiert. Si hunn de politesch verfolgegte Mënschen Asyl ugebueden a sech och géint d'Ausliwwerung vun Oppositionellen un d'Tierkei gewiert. Kuerz: Si hu sech aussergewéinlech couragéis a kohärent fir d'Mënscherechter an de Fridden engagéiert.

Alles dat ass elo hifälleg! An deem Memorandum hu sech déi zwee Länner missen ëm eng 180-Grad-Kéier verfluchten. Follgend Punkten hu Schweden a Finnland missen akzeptéieren, ech zitëiere se: d'Ophiewung vum Waffenembargo an d'Verpflichtung, ni méi en Exportembargo géint d'Tierkei anzeféieren; d'Ausliwwerung vun Oppositionellen un d'Tierkei; d'Verschäerfung vun der Antiterrorgesetzgebung a Schweden an a Finnland; keng Ënnerstützung fir Kurden an Nordsyrien, déi géint, wéi mer wëssen, den IS gekämpft hunn, a keng Ënnerstützung fir déi oppositionell Gülen-Bewegung; d'Verpflichtung, géint Informatiounen virzegoen, déi net am Aklang si mat der offizieller tierkescher Versioun – dat muss ee sech emol op der Zong zergoe loosse! –, an d'Ënnerstützung, fir dass d'Tierkei an d'EU-Defensivinitiativen agebonne gëtt!

Dat ass eng absolutt skandaléis Amëschung vun der Tierkei an déi national schweedesch a finnesch Politik! An dat Ganzt um Réck vun de Kurden, déi jo absolutt näischt heimat ze dinn hunn, déi sech absolutt näischt virzegoen hunn!

An dat ass warscheinlech just d'Spëtz vum Äisbiereg, well et schéngt, wéi wann d'Tierkei och nach Saachen ënnert der Hand versprach krut. Et geet rieds vun neien amerikanesche Waffeliwwerungen, dorënner nei F-16-Kampffjetten.



An déi kurdesch Säit, besonnesch d’Kurden an Nordostsyrien, geet dovunner aus, datt d’Tierkei och nach am Géigenzuch fräi Hand kritt, fir eng nei Militäroperatioun an Nordostsyrien ze starten, déi si joannoncéiert haten. Ob dat esou ass, wäerte mer an deenen nächste Wochen a Méint gewuer ginn.

Op jidde Fall ass et esou, dass déi autonom Administratioun vun Nordostsyrien elo den Noutstand ausgeruff huet, fir sech virzebereeden op dës militäreschen Interventioun vun der Tierkei op hirem Territoire.

Mir kennen den heldenhafte Widerstand vun de Kurden a Kurdinne géint de sougenannten Islamesche Staat, mee engem weideren, grouss ugueluechte militäreschen Ugrëff vun der Tierkei wäerte si net dauerhaft kënne Widerstand leeschten.

Datt d’NATO bereet ass, esou e Memorandum mat auszuhandelen, ze ënnerstëtzen an duerno nach e groussen Erfolleg draus ze maachen, dat seet an eisen Ae ganz vill aus! Do ginn d’Prinzipien vun der Rechtsstaatlechkeet a vun de sougenannten „europäesche Wäerter“ iwwer Bord gehäit!

Dësen Deal muss een denoncieren. Mee wat nach bal méi schlëmm ass a mengen Aen, ass wierklech, dass et esou weineg Entrüstung an Opmierksamkeet iwwert dësen Deal gouf. Mir schéngen eis un d’Duebelmoral an d’Duebelstandarde gewinnt ze hunn. Wéi gesot, wäerte mir eis bei dëser Ratifikatioun enthalten aus deene genannte Grënn.

Villmoos merci fir d’Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d’Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Léif Kolleeinnen a Kollegen, 73 Joer nodeems d’NATO gegrënnt gouf, trieden elo dann zwee weider Länner dem Bündnis bäi. Schweden a Finnland, do ass keen Zweifel drun, si staark Demokratie, déi ugesichts dem Krich duerch Russland hir eege Sécherheet a Gefor gesinn.

Zanter 1814 schon huet Schwede kee Krich méi kann. Dat ass iwwer 200 Joer Friden! An ech mengen, d’Hoffnung ass, datt dee Friden de Schweden nach laang erhalte bleift an domadder eis allegueren. An awer si se bereet, der NATO bäizetrieden an am Fall vum Declenchement vum Artikel 5 fir d’Partnerlänner mat anzestoen.

Mir Piraten begreifen, datt Finnland a Schwede sech dem Bündnis uschlëssen. De Putin wollt mat senger weiderer Attack – an dat muss een ëmmer erëm betounen, et ass eng weider Attack, well et ass net déi éischte Attack op d’Ukrain – d’Limite vun Europa an indirekt och vun der NATO testen a méi generell déi vum Westen testen.

Mee, anescht wéi nach 2014, war d’Reaktioun vum Westen dës Kéier schnell, staark a konsequent. Et si Sanktiounen an d’Weeër geleet ginn, déi Russland staark ageschränkt hunn. D’EU huet zesummegehalen. Dem Putin säin Zil, eis auserneendzreiwen, gouf net erreecht. Mir si méi no zesummegeeréckelt a wäerte mat Schweden a Finnland zwee verlässlech Partner derbäigewannen.

D’Zuele goufe scho genannt. Schweden huet eng ronn 50.000 aktiv Zaldoten. A Finnland kéint am Eeschtfall iwwer eng hallef Millioun Leit mobiliséieren. Dat sinn natierlech an deem Sënn erfreeslech, wann een dat esou soe kann, Nouvelen, fir ze soen, d’Allianz gëtt gestärkt. Mee u sech hoffe mer jo ëmmer, datt mer se net brauchen.

Et huet een awer nach eppes anescht an deene leschte Woche gesinn an dat weist, firwat d’NATO

reforméiert muss ginn. D’Tierkei huet nämlech vun der Situatioun profitéiert a sougenannten Hostage Diplomacy gespillt, also Geiseldiplomatie, an an eisen Ae Fuerderunge gestallt, déi näischt méi mat der NATO ze dinn hunn.

Den tierkesche President Erdoğan huet de Bäitritt vun deenen zwee Länner esou laang blockéiert, well Schwede mat der PYD a PKK a Syrien zesummege schafft huet. D’Tierkei huet dunn d’Ausliwwerung vun 33 – an hiren Aen – „Terrorverdächtige“ gefuerdert. Schweden a Finnland wäerten elo d’Ausliwwerung vun dëse Persounen ënnersichen.

Wéi awer och déi schweedesch Oppositioun, sti mir Piraten deem Accord net nëmme liicht, mee ganz staark skeptesch géintiwier, well datt dës Persounen kéinten an d’Tierkei ausgewise ginn opgrond vun engem Accord, dee quasi als Konditioun geholl gouf, fir datt déi Länner kéinten der NATO bäitrieden, dat weist dach, datt d’NATO hei als Spillball genotzt gouf!

En NATO-Land dierft an eisen Aen de Bäitritt vun anere Länner net weinst innepoliteschen Interessie blockéieren. D’Vetorecht vun all Member sollt hei just benotzt ginn, wann et sech wierklech ëm seriö Sécherheetsbedenken handelt. An do, mengen ech, ginn d’Sichtweisen dach ganz staark auserneen.

Dëst ass ee vun de Punkten, dee laut eis Piraten dréngend misst reforméiert ginn. Grad ewéi awer d’Zwee-Prozent-Reegelung, wou een nach eng Kéier misst nei negociéieren a wou een op den Accord vu Wales zrëck misst kommen. Well e Land wéi Lëtzebuerg kann dat net erfüllen, zumindest net ouni Pro-Kapp-Depensen auszeginn, déi vill méi héich géife leie wéi bei all anere Partner.

Fir eis Piraten muss awer och den Ausbau vun erneierbaren Energien, an domat d’Ofsicherung par rapport zu Länner wéi Russland, an eis Kontributioun agerechent ginn. Well e Land brauch hautdesdaags méi wéi eng Arméi, fir seng Onofhängegkeet ze schützen. Eis national Sécherheet hânt net nëmme un Attacke mat Panzeren, mee gëtt och definéiert vun de Konsequenze vum Klimawandel an deene Länner, aus deene mir eis fossill Energië bezéien.

Här President, léif Kolleeinnen a Kollegen, mir Piraten ënnerstëtzen de Bäitritt vu Schweden a Finnland, net ouni awer drop hinweisen, datt et déifgräifend Reforme brauch, fir d’NATO op d’21. Joerhonnert ze preparéieren respektiv derfir ze suergen, datt d’NATO am 21. Joerhonnert kann ukommen. Keng Elenggäng méi, mee e Verdeedegungsbindnis, wat am Kampf och géint de Klimawandel matmécht an de Partnerlänner erméiglecht, fräi vu fossillen Energien an Ofhängegkeeten ze sinn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmoos, Här Clement.

D’Regierung huet d’Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes** | Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech wëll och vu menger Säit aus, der Säit vun der Regierung aus e grouse Merci soen un den Yves Cruchten, President vun der Kommissioun, dass mer effektiv vun Ufank un eis gutt verstanen hunn, dass mer dat net sollten am Oktober maachen, mee nach direkt maachen. Mir sinn net dat éischt Land. Ech mengen, mir sinn u sechster Plaz elo. Mee den Här Graas huet datt richtig gesot: Besser am Spëtzeplaton hei sinn, wéi herno nohippen. A wa mer gewaart hätt bis den Oktober, hätt mer effektiv riskéiert, déi Lescht ze sinn.

Bon, ech fannen, déi Debatt, déi Der hei gefouert hutt als Chamber, war extreem, loosse mer soen, konstruktiv. An dat Verständnis, wat Der bruecht hutt fir déi zwee Länner Finnland a Schweden, dat kann ech nëmme deelen.

Mir wësse jo, dass Finnland a Schwede ganz no beim Putin sengem Russland geografesch ugesidelt sinn. Finnland huet jo Dausende Kilometer Grenz mat Russland, a Schweden deelt jo d’Baltescht Mier mat sengen Noperen, wourënner och Russland ass, duerch d’Enclave vu Kaliningrad.

De Putin seet offen, an e seet dat jo praktesch all Woch erëm eng Kéier nei, e wëlt dat russesch Räich restauréieren. Russland huet all d’Prinzipien – et muss een et erëm eng Kéier widerhuelen – vun der europäescher Sécherheetsarchitektur, déi zanter dem Enn vum Zweete Weltkrich geschafe gouf, total violéiert. An d’NATO fuerdert, dass d’Krichsverbriechen, déi an der Ukrain begaange gi sinn, gekläert ginn, an dass déi Verantwortlech solle viru Gericht kommen.

Sou! An dësem fuerchtbare Kontext, dat muss een esou soen, hunn zwee Länner, déi sech säit Joerzénge – och dat hutt Der ënnerstrach – eigentlech der Neutralitéit verschriwwen haten, sech der NATO zougewannt. An dat ass komm an enger Zäit vun e puer Wochen.

Déi histoiresch Dimensioun ass richtig hei betount ginn. Ech mengen, den Här Clement huet dat gesot, dass Schweden zënter 200 Joer net méi an e Krich verweckelt war, also neutral war.

Nun, Dir wësst, dass den Artikel 10 vum Washingtoner Vertrag ganz kloer Konditiounen setzt, wie ka Member ginn. Ech mengen, all demokratescht Land, all europäescht Land ka Member gi vun der NATO, wann natierlech d’Majoritéit vun der Bevëlkerung och hannendrustet. An dat ass jo hei de Fall.

Schweden a Finnland hunn déi Memberschapsapplikatioun den 18. Mee agereecht. Heiansdo kann d’Geschicht immens séier dréien. An d’Alliiéierte sinn allegueren der Meinung, dass déi zwee Länner, déi jo laangfristeg net nëmme mat der NATO geschafft hunn, mee Partner ware vun der NATO, och Truppe gestallt hu fir d’NATO, d’Konditiounen fir d’Memberschaf erfüllen, ouni dass een huet missen duerch dee MAP goen, dee Membership Action Plan, mee dass een direkt kéint zur Decisioun kommen.

Bon, d’Tierkei, effektiv, ass mat Recht hei ugeschwat ginn. De 14. Mee, kann ech mech erënneren, ware mer zu Berlin op Invitatioun vun der däitscher Ausseministes, also allegueren d’NATO-Ausseministen, an déi meescht vun eis ware paff, wéi mer aus dem Mond vum tierkeschen Ausseminister Mevlüt Çavuşoğlu héieren hunn, dass eigentlech hire President an dann hiert Land Problemer hätten domadder.

Also, do war wierklech dovunner ausgaange ginn, dass all NATO-Member géif do derzou stoen. Mee d’Tierkei huet hei dat gemaach, wat jo net déi éischte Kéier an hirer Geschicht gemaach ginn ass, nämlech gekuckt, wann ee jo seet, da muss een och eppes erausschloen.

Also ech géif mengen, dass deen Accord, dee fonnt ginn ass, een Accord ass, wou een der NATO net kann awer ënnerstellen, dass se net alles gemaach hätt, hire Generalsekretär, fir beim NATO-Sommet kënnen eng Léisung ze fannen! Dat ass erwaart ginn. Dat war net sécher. Nach wéi mer op Madrid gefuer sinn, huet kee gewosst, dass dat dote kéint Realitéit ginn. A wann et net Realitéit gi wier, da wier dee ganzen NATO-Sommet e Mësserfolleg, en Echec gewiescht.

An elo musse mer natierlech kucken, no deem Accord do, dass déi 30 Instrumenter vun der Ratifikatioun kënnen zu Washington deposéiert ginn.

Ech sinn net gradesou pessimistesches wéi d'Madamm Oberweis, wat d'Konditioneuren ugeet. Si huet objektiv effektiv dat hei gesot, wat am Accord drasteet. De Problem ass awer e weineg, wann een zum Beispill mat der schweedescher Ausseministersch schwätzt an dem finneschen Ausseminister, dass awer hei déi zwee Länner eppes am Kapp haten, nämlech ze kucken, de Leit a Schweden an a Finnland d'Angscht ze huelen. Déi hunn Angscht virum Putin! A wann een Angscht huet virum Putin, um militäreschen Plang, da weess ech net, ob et een anert Instrument gëtt an deene Länner, an Europa, op der Welt, wéi eeben da Member ze gi vun der NATO. Dat war hiert Zil. Dorop hu se higeschafft.

An dat, wat se erausgeschloen hunn, ech mengen, dat därfeen een elo net nëmmen an dat Negatiivt erandréien. Ech sinn iwwerzeugt, dass, wa Lëtzebuerg Finnland oder Schwede wier, mer dat nammlechst gemaach hätten, fir zu engem Accord ze kommen. An dat ass dat, wat zielt.

All dat anert ... Mir kennen den Här Erdoğan, mir kennen d'Tierkei, dass heiansdo, jo, wierklech vill gefuerdert gëtt, fir dann ze blockéieren. A wann een deblockéiert, dann ass een dee groussen Held. Dat ass net déi éischte Kéier, dass dat geschitt. Mee d'Haaptsaach ass a mengen Aen, dass d'Resultat dat richteg ass.

Vläicht nach fir ofzeschléissen: Politesch, effektiv, dat hutt Der och alleguerde gesot, gewënnt d'NATO mam Baitrëtt vun deenen zwee Länner. D'baltesch Länner kréien och e gewëssene Reconfort, well déi ganz Flank am Osten elo méi staark gëtt.

Mir mussen oppassen – wann ech soen „mir“, dat sinn déi 30 NATO-Länner an zemools och d'Tierkei –, muss ech kloer soen, dass dat heiten net an d'Längt gezu gëtt an dass erëm eng Kéier, ier d'Randifikatioun kënn oder während der Randifikatioun, do Saachen a Fro gestallt ginn.

Dir wësst, dass de Putin dorop lauert. Dat war säin Zil, fir d'NATO ze splécken a fir se méi schwach ze maachen. An dass een elo hei am Prozess him keng Chance gëtt, dat ze maachen.

Dir wësst, dass verschidden Alliéierten, déi dat kënnen maachen, wéi Amerika, Groussbritannien, Norwegen, deenen zwee Länner Assurance ginn hunn, ier dann d'Randifikatioun stattfonnt huet, fir wann eppes géif geschéien, dass se do wieren, fir dann ... Wat geschéien? Dat heescht: Wa Finnland a Schwede géifen iwwerfall gi vu Russland, dass se géifen zur Säit stoe fir ze hëllefen.

Merci villmools!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Ausseminister Jean Asselborn. Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Eng Fro. Wann ech dem Här Minister därfe eng Fro stellen. Villmools merci, Här President.

Jo, ech wollt awer den Här Asselborn nach eng Kéier op d'Tierkei do uschwätzen. Well elo déi dräi lescht Parteien, déi geschwat hunn, hunn, mengen ech, alleguer déi selwecht Suerg gehat, nämlech déi Konsequenzen. Kee vun eis stellt jo u sech de Baitrëtt vu Schweden a Finnland a Fro. Dat ass jo hei ze constatéieren. Mee mir hunn awer hei, weinstens vun e puer Parteien, d'Suerg héieren ëm d'Mënscherechter an ëm d'Sécherheetssituatioun am Noen Osten.

Dir hutt, Här Minister, gesot jo, Dir wäert ganz paff gewiescht, wéi op eemol d'Tierkei déi Formuléierungen do oder déi Fuerderungen do hat. An Dir hutt gesot: „Elo kann een als Held optrieden, wann

een deblockéiert.“ Mee eis Fro ass eigentlech dës: Wëllt Der dann net dat do thematiséieren op internationalem Niveau? Mir hunn dach elo nei Geforen, souwuel fir d'Mënscherechter vun deene Leit, déi do gefuerdert gi vun der Tierkei, wéi och fir d'Stabilitéit am Noen Osten.

An ech mengen, et geet einfach net duer, fir ze soen: „Gutt. Elo ass den Erdoğan en Held.“ Mee ech mengen, mir sollten dat thematiséieren an den internationale Relatiounen an der EU an an der NATO, fir datt eeben dat, wat mer fäerten am Abléck, wat mer fäerte mussen, fir datt dat net antrëtt. An ech mengen, do ass d'Diplomatie gefuerdert, fir awer elo der Tierkei ze soen: „Bon, et gëtt awer Grenze vun deem, wat mir kënnen géintwuer Iech och akzeptéieren.“

Ech soen Iech Merci.

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Jo. Ech mengen, Här Kartheiser, genee den dote Langage ass gefouert ginn. Mir sinn hei an enger Situatioun, an Dir kennt dat an der internationaler Politik, kennt dat aus der Europäescher Unioun, wann Estëmmegkeet erfuert ass, dann ass ee Land, wat dat wëllt refuséieren, natierlech an enger ganz staarker Situatioun.

Also ech kann Iech soen, an där Zäit tëschent dem 15. Mee an dem Datum, wou den NATO-Sommet zu Madrid war, gouf vu ville Leit gesot, och amerikanesche Politiker: „Mir hunn eigentlech kee richtegen Hiewel, dee mer kënnen usetzen, fir ze deblockéieren. Mir mussen weider versichen ze verhandelen. Mir mussen kucken, dass a Finnland an a Schweden“, an natierlech awer och vun den Amerikaner, dat ass evident, och verschidden europäesch Länner, „dass mer eis abréngen, fir ze deblockéieren.“ Net eleng weinst dem Echec, deen dat ginn hätt zu Madrid, mee och weinst der Saach.

Wien hätt ..., an dat ass menger Meinung no awer trotzdem dat, wat herno d'Saach entscheet huet ... Hätt den Erdoğan d'Responsabilitéit iwwerholl, fir de Finnen an de Schweden ze soen: „Dir kommt net an d'NATO!“? An d'Eventualitéit vun enger Attack vu Russland op déi zwee Länner, déi war jo do an déi ass nach ëmmer do. Ob se dat, déi Responsabilitéit gedroen hätten? Ech mengen, dat bezweifelen ech.

Also, ech hunn d'Geleeënheet gehat, wéi ech gesot hunn, mat der schweedescher Ausseministersch an dem finneschen Ausseminister ze schwätzen, och mam tierkeschen, dat ass um Viowend geschitt vun dem Sommet zu Madrid. Do war eng immens Erlichterung am Sall ënner alleguerden de Leit. An duerfir, Dir kënnt Recht hunn, wann Der sot: „Passt op, mir hunn nach net ratifizéiert!“ Et ass érischt ratifizéiert, wann déi 30 Länner ratifizéiert hunn.

An et muss een um Ball bleiwen. An et muss ee wierklech alles maachen, fir dass d'Parlament an der Tierkei, zu Ankara ..., dat huet eng Schlësselpositioun nach ëmmer, bis se jo gesot hunn, bis wierklech de Vott stattfonnt huet. Wann dee Vott erausgezu géif ginn oder wann dee ganze Prozess erausgezu gëtt, dann ass d'NATO an enger Situatioun, wou nëmmen ee laache kann, an deen heescht Putin.

Merci villmools!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Asselborn. Da Parole après ministre fir d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Ech wollt just kuerz reagéieren, well ech héieren hat, dass den Här Asselborn mech zitéiert hat, an ech mer net sécher war, ob ech richteg verstanen hat.

Mee mir hu Schweden a Finnland iwwerhaapt näischt virgeworf, am Géigendeel. Mir hunn eist Verständnis ausgedréckt mat hire Bedenken, déi absolutt legitim sinn. Mir hu wierklech just d'Regierung vun der Tierkei denoncéiert, déi eng erpresseresch Politik gemaach huet an deem heite Fall an eng mënsche-rechtsfeindlech Politik gemaach huet. Dat hu mer denoncéiert an net de Choix vu Finnland a Schweden, déi absolutt souverän sinn.

Ech wollt just op dat reagéieren, wat Der elo grad nach gesot hutt par rapport zur tierkescher Chamber. Dir wësst jo awer, dass hiert Parlament ..., dass en Deel vun hiren Deputéierten am Prisong sëtzt. Dat heescht, déi Chamber, déi funktionéiert och elo net onbedéngt esou, wéi se idealerweis sollt. Hir Kontrollfunktoun huet eeben, grad well eng Rei Oppositioneller, souguer relativ vill, am Prisong sëtze bei hinnen am Land ..., dofir, déi kënnen déi Kontroll elo net esou ausüben, wéi dat sollt sinn.

Villmools merci.

**M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | Jo, Här President, mir hu mat där Situatioun ze dinn an deenen 30 Länner, déi d'Realitéit sinn. An engem vun deene Länner, Dir hutt se elo grad genannt, an der Tierkei, ass eng aner Konzeptioun vun der Demokratie, wéi zum Beispill mir se hunn oder anerer se hunn.

Awer ech mengen, à la fin du compte d'Tierkei, d'Parlament ... Ech soen net, dass d'Parlament onofhängeg wierklech agéiert vun deem, wat hire President denkt a seet. Do gëtt et schonn ee Lien. Et ass e weineg anescht wéi bei eis oder an normalen Demokratien.

Mee loosse mer hoffen, an duerfir mussen mer kucken, och e weineg diplomatesch virzegoen, e weineg mat Fangerspëtzegefill virzegoen. Et bréngt näischt, wa mer an der Effentlechkeet elo wierklech mam Presslofthummer virginn. All Mënsch weess, ëm wat et geet. D'Tierkei och! A mir mussen kucken, mat deene Mëttele, déi mer zur Verfügung hunn, och mat deene vun der kultivéiert geféierter Diplomatie, wann ech dat därfe soen, fir d'Tierkei ze iwwerzeegen an hirem Parlament, dass se dat Richteg maachen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Asselborn. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8045. Den Text steet am Document parlementaire 8045<sup>2</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8045 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8045 ass mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Laurent Mosar), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closerer, MM. Yves Cruchten,*



Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Mars Di Bartolomeo), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8044. Den Text steet am Document parlementaire 8044<sup>2</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8044 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass och mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentionen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Laurent Mosar), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Claude Lamberty), Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## **6. Nomination du commissaire aux comptes de la Société nationale de crédit et d'investissement (SNCI)**

Mir ernennen elo ee Commissaire aux comptes vun der SNCI, esou wéi dat am Artikel 17 vum Gesetz vum

2. August 1977 iwwert d'Schafe vun enger Société nationale de crédit et d'investissement an an den Artikelen 143 bis 156 vum Chambersreglement virgesinn ass.

D'Kandidatëlëscht ass un all d'Deputéiert verdeelt ginn a läit Iech och vir. Laut Artikel 151 vum Chambersreglement gëtt de Commissaire aux comptes fir dräi Joer ernannt a seng Nominatioun kann och erneiert ginn. Den Artikel 149 vum Reglement gesäit vir, datt dës Nominatioun duerch eng absolut Majoritéit erfollegt. Déi ongëlteg oder déi blank Ziedelen zielen net.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dem Här Yves Thorn seng Kandidatur.

Deelt wannechgelift d'Stëmmziedelen aus!

### **Vote secret sur la candidature unique**

Ech maachen den Appel nominal, fir d'Stëmmziedelen anzesammelen.

(Appel nominal)

D'Sëtzung ass kuerz ënnerbrach.

(La séance publique est suspendue à 15.26 heures.)

\* \* \*

(La séance publique est reprise à 15.29 heures.)

D'Sëtzung geet erëm weider.

D'Stëmmziedele si follgendermoossen opgedeelt:

Total vun de Stëmmziedelen: 54.

Ongëlteg Stëmmziedelen: keen.

Blank Stëmmziedelen: keen.

Gëlteg Stëmmziedelen: 54.

Absolut Majoritéit: 28.

D'Resultat fir den Här Yves Thorn: 53 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm an 1 Enthaltung.

(M. Yves Thorn a obtenu la majorité absolue et est nommé commissaire aux comptes pour la SNCI.)

## **7. 7986 – Projet de loi portant modification de :**

**1<sup>o</sup> la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse ;**

**2<sup>o</sup> la loi modifiée du 17 décembre 2021 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022**

Mir kommen elo zum Projet de loi 7986 iwwert déi gratis Hausaufgabenhëllef an de Maison-relaisen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

### **Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Kollegeinnen a Kollegen, eng kleng Rektifikatioun. Et geet net ëm d'Hausaufgaben, mee et geet ëm d'Kannerbetreuung an d'Mëttegiesse während de Schoulwochen an natierlech och während de Schoulvakanten.

Kollegeinnen a Kollegen, Kanner si virwëtzeg. Kanner léiere gär. Kanner léiere séier. An dofir ass en Ëmfeld, dat hinne vu Klengem u villfälteg Erfarungen erméiglecht a se stimuléiert, gutt fir hir Entwécklung. Eng pedagogesch Betreuung, déi hiert Potenzial fërdert, ass an dësem Alter, wou d'Kanner nach alles mat enormer Liichtegkeet ophuelen, immens wäertvoll. Schonn éier déi Kleng an d'Schoul ginn, ass et

wichtig, hir Talenter, hir Interessien an hir Kompetenzen ze fërderen, fir hinnen déi beschte Startchancen an déi beschte Bildungschancen am Liewen ze garantéieren.

Als Politik ass et eis Pflicht, derfir ze suergen, dass all Kand Zougang zu enger héichwäerteger nonformaler Bildungsoffer huet. Besonnesch fir Kanner aus sozial méi schwache Familljen ass et wichtig, dass mer Plaze schafen, wou se sech wuelfillen, wou se gutt encadréiert ginn, wou se sech gutt kënnen entwéckelen a wou se no hirem eegene Rhythmus kënnen léieren.

Déi villfälteg Erfarungen a Léierméiglechkeeten an de Bildungs- a Betreuungsstrukture fërderen nämlech net just déi kognitiv Entwécklung, mee och déi sozial Integratioun vun de Kanner a si leeën domat de Grondstee fir hir spéider schoulesch Reussite an natierlech och fir hiert Wuelbefannen.

Schonn 2009 hate mer mat der Aféierung vum Chèque-service accueil d'Jalone geluecht fir eng méi gerecht a sozial Bildungspolitik. Besonnesch während der leschter Legislaturperiod stoung d'Erzéierung vun de jonke Kanner am Zentrum vu méi wéi enger bildungspolitescher Debatt. 2016 an 2017 goufen zwee wichtig Gesetzer an der Chamber ugehall, déi d'Qualitéit vun der nonformaler Bildung hei zu Lëtzebuerg daitlech verbessert hunn.

2016 hu mir pedagogesch Qualitéitskrittäre festgeluecht, déi all d'Bildungs- a Betreuungsstrukturen an och d'Dageseltere mussen respektéieren, déi dem System vum Chèque-service accueil ugeschloss sinn. 2017 hu mer dunn an de Crèchen déi méisproocheg Erzéierung vun de Kanner vun engem bis véier Joer agefouert an d'Betreiung fir dës Altersgruppen och gratis gemaach.

De virleiende Gesetzesprojet schreift sech an d'Kontinuitéit vun dëse Beméiungen an. An Zukunft sollen net nëmme just d'Crèche fir Kanner tëschent engem a véier Joer gratis sinn, mee och d'Bildungs- an d'Betreuungsstrukture fir Kanner bis zwielf Joer, also fir d'Kanner am sechste Schouljoer nach mat. D'Zil heivunner ass et, genee wéi beim Gesetz vun 2017, dass all Kand Zougang huet zu enger pedagogescher Betreuung an dat onofhängeg vum Revenu vu sengen Elteren. Mam virleienden Text gëtt d'Gratuitéit vun der nonformaler Bildung also vun de ganz klengen Kanner op d'Schüler an der Grondschoul erweidert.

Wat d'Ëmsetzung vun der gratis Betreiung betrëfft, sou ënnerscheet dëse Projet de loi zwëschen zwee Fäll: Während de Schoulwoche gëtt d'Betreiung an de konventionéierte Maison-relaisen, awer och an de Schoulfoyeren a bei den Dageseltere fir all Kand gratis an dat vu méindes bis freides vu moies 7.00 Auer bis owes 19.00 Auer. An hei sinn och déi fënnf Mëttegiesse pro Woch fir all Kand gratis mat dran.

An de Schoulvakante gëtt weiderhin no dem besteeënde System vum Chèque-service accueil ofgerechent. Hei ass awer wichtig ze soen, dass de Forfait vun 100 Euro, dee bis elo gëllt, ewechfällt. An hei ass och nach eng Nuance dran: Nämlech déi Familien, déi e Revenu hunn, deen ënner zweemol dem soziale Mindestloun läit, fir deenen hir Kanner ass och an de Schoulvakanten d'Mëttegiesse gratis.

Mat der Staffellung vun den Aidë während de Schoulvakanten, ënnersträiche mir nach eng Kéier de soziale Charakter vun dësem Projet de loi. Wat d'Eltere méi verdéngen, wat hir Participatioun an de Käschte vun der Betreiung a fir d'Mëttegiessen an de Schoulvakanten natierlech och méi héich läit. Soumat schafe mer e méi gerechte Facturationssystem an ënnerstëtzen hei besonnesch nach eng Kéier déi Familien, déi et am meeschten néideg hunn.

Mat dëser Reform schafe mer nieft de gratis Schoulbicher an dem gratis Museksunterricht eng weider Dëngschtleeschung, déi direkt bei de Kanner a bei hiren Elteren ukënnt an déi d'Elteren och nach eng Kéier weesentlech finanziell entlaascht.

Erlaabt mer, dass ech Iech hei zwee Rechebeispiller ginn: Den Ament bezilt e Stot, deen tëschent 1,5-mol an 2-mol de Mindestloun zur Verfügung huet, ronn 530 Euro d'Joer fir d'Betreiung an d'Mëttegiessen an enger Maison relais – fir ee Kand wuelverstanen! – an dat opgedeelt op 250 Euro fir déi 36 Schoulwochen an 280 Euro fir déi 10 Woche Schoulvakanz. No der Reform allerdéngs wäerten d'Käschte fir esou e Stot sech nëmmen nach op 225 Euro pro Joer belafen. Dat entsprécht also engem Erspuernis vun 305 Euro d'Joer pro Kand.

Och fir Familien, déi e bësse méi verdéngen, wäert et am Portmonni wierklech eng Entlaaschtung ginn. E Stot, deen tëschent 3-mol an 3,5-mol de Mindestloun verdéngt, bezilt den Ament ronn 2.540 Euro fir eng ganzjäreg Betreuungsoffer fir ee Kand. Mat den neie Mesurë fällt dës Montant allerdéngs op 1.120 Euro erof.

Obschonn esou e Stot no der neier Berechnung während de Schoulvakanz minimal, minimal méi misst bezuelen, kënnen d'Elteren awer, wann ee cumuléiert, iwwert dat ganz Joer kuckt, iwwert d'Schoulwoche kuckt, vun der Gratuitéit profitéieren, an doduerch spuert esou eng Famill 1.420 Euro pro Joer a pro Kand.

An ech widerhuelen et nach eemol: Während de Schoulwoche sinn d'Essen an d'Betreiung fir alleguer d'Kanner gratis. Nëmme während de Schoulvakanz ass d'Gratuitéit vum Mëttegiessie begrenzt op Stéit, déi manner wéi zweemol de Mindestloun zu hirer Verfügung hunn.

D'Gratuitéit vun der Kannererzéiung ass net nëmme kohärent mat de Missiounen vun eiser aktueller Bildungspolitik, déi an éischter Linn versicht, fir all Kand déi beschten Erfollegschancen ze bidden, mee si schafft och e Parallelismus zu der Gratuitéit an de Grondschoulen an am Lycée.

Ausserdeem erlaabt eis dës Gesetz, de Stellewäert vun der nonformaler Bildungsoffer nach eemol ze stäerken, an et verankert soumat d'Idi vum enger ganzheetlecher Schoul- a Betreuungsoffer.

De Käschtepunkt fir de Staat beleef sech bei dësem Projet de loi op ronn 22 Milliounen Euro.

Kolleeginnen a Kolleegen, fir weider Detailer awer och fir d'Avisen, verweisen ech op de schréftleche Rapport an ech ginn heimat den Accord vun der Demokratescher Partei vum virleiende Projet de loi an ech géif Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Rapporteur Gilles Baum.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Merci, Här President. An och merci dem Rapporteur, dem Här Gilles Baum, fir säin ausféierleche Rapport.

Annoncéiert hat de Premier eng sozial Mesure, eng eenheetlech Mesure, wat d'Essen an der Kantine ugeet an der Grondschoul an am Lycée. An erauskom ass, zumindest deelweis, eng Mesure ouni iergendeng sozial Selektivitéit, eng Mesure ouni Linn, wat d'Essen ugeet an der Grondschoul an am

Lycée, an e Gesetz, wat Famillje benodeelegt, déi net kënnen oder net wëllen hir Kanner ganzdaags a Betreuungsstrukture ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dat war de Resümee. An och dës Projet de loi, dee beleet awer erëm eng Kéier, datt vill Saachen annoncéiert ginn, ouni datt se iwwerhaapt duerchduecht ginn.

Ech erënneren hei just eng Kéier un den – ech weess net méi genau wéi e geheescht huet –, „Bummel-Gratis-Club-Bus“ oder esou eppes Änlech, dee war och annoncéiert ginn am Budget an duerno hunn ech näischt méi héieren. Dat war virun e puer Joer. Et ass awer vläicht gradsou gutt, datt ech näischt méi héieren hunn.

Elo awer e bësse méi am Detail: De Premier hat annoncéiert, datt an Zukunft Famillje mat klengem a mëttlerem Akommes solle kënnen gratis an der Grondschoul an am Lycée iessen. Wat ass erauskom? Wat de Lycée betrëfft, bis elo nach näischt. Fest steet awer, datt am Lycée vill manner Kanner wäerte vun de Mesurë profitéiere kënnen, well do déi sozial Selektivitéit ganz anescht definéiert ass.

Fir d'Kanner aus der Grondschoul kann, nieft der gratis Kannerbetreuung vu 7.00 bis 19.00 Auer, jidderee während der Schoulzäit d'Esse gratis kréien, onofhängeg vum Verdéngscht vun den Elteren.

A mir soe Jo. Jo, mir müssen d'Leit ënnerstëtzen an dat virun allem an dësen Zäiten. an dat bis wäit an d'Mëttelschicht eran. Mee ech froen Iech awer: Muss wierklech een, deen zum Beispill 10.000 Euro oder och nach méi verdéngt, d'Schouliessen nach gratis kréie fir d'Kanner? Mussen d'Kanner vun, ech soen emol, engem Bankdirekter – gëtt ëmmer genannt –, vun den Deputéierten, vun engem Minister wierklech d'Kannerbetreuung an d'Esse gratis kréien?

An eisen Aen: Nee! Géifen nämlech d'Sue sozial gestaffelt ginn, da wär mam selwechte Budget zum Beispill eng änlech Handhabung vum Gratiessien am Lycée wéi an der Grondschoul méiglech. Da wär zumindest eng Linn do erkennbar. Well een, dee sech d'Essen an der Grondschoul net ka leeschte fir seng Kanner, dee ka sech dat och net leeschten am Lycée.

An da kommen ech bei den zweete Punkt. D'Regierung seet, datt d'Zil vun dësem Projet de loi wär, fir d'Offer vun der nonformaler Bildung méi attraktiv ze maachen. An dat geschitt och tatsächlech heimadder, mee all déi aner Familljen, Elteren, Monoparentallen, déi net kënnen oder wëlle vun dëser Offer profitéieren, déi hate Pech.

An dës Decisioun huet dës Regierung bewosst geholl a wäert dës Majoritéit och bewosst mat ënnerstëtzen, well et ka kee soen, datt en net op d'Problemer higeweise ginn ass. Ech erënneren un d'Petitioun, déi een Debat hei hat, wou Leit erkläert hunn, datt se géifen op Schichte schaffen, datt se guer net kéinten heivunner profitéieren, an datt déi absolutt keng Hëllef kréichen.

Ech erënneren un den Avis vun der Chambre des Salariés, déi seet, alleguer déi Postes de travail atypiques an der Pflieg, am Gesondheetswies, déi mer jo awer onbedéngt brauchen, am Commerce, bei de Botzfirmen, déi net zu de ganz normalen Aarbechtszäite schaffen, déi kënnen net vun dëser Mesure profitéieren an déi kréie keng Hëllef, Ënnerstëtzung. Et sinn awer ganz dacks déi, déi se finanziell bräichten. Dës Mesurë passen op normal Büroazäiten.

An dann erënneren ech un den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires, déi seet: D'Regierung ergräift lafend Mesurë fir Leit, déi hir Kanner an d'Betreiungsstrukture ginn, ouni iergendepes ze maache fir déi Elteren, déi bewosst doheem bleiwen, fir hir Kanner

ze erzéien, oder eebe mat der Bomi, mam Bopi oder mam Noper schaffen, fir datt se dat kënnen doheem maachen. Si soen – oder mir soen –: Dann ass de Libre choix, fir dee mer awer stinn, esou net méiglech.

An da war et d'Chambre de Commerce, déi drop hiweist, datt et och keng Gläichbehandlung gëtt, wann net all Kand vun enger Plaz an enger Betreuungsstruktur ka profitéieren, well plazeweis Mangel an de Betreuungsstrukturen ass.

Dat heescht, dës dräi Kategorië vu Leit, Familljen, Eltere gi benodelegt. Si ginn och bewosst benodelegt an dat geet an eisen Aen net.

A genau aus dëse Grënn wäerte mer dës Gesetz net stëmmen, wéinst dem Mangel u sozialer Selektivitéit, wéinst dem Ënnerstëtzen, bewossten Ënnerstëtze just vun engem Modell vu Famill an déi aner gi bewosst ignoréiert.

An ech wäert dräi Motiounen nach deposéieren. Eng éischt, wou mer d'Regierung opfuere, Mesuren ze definéieren, fir och déi Leit ze ënnerstëtzen, déi net kënnen oder net wëllen hir Kanner de ganzen Dag a Betreuungsstrukture ginn.

Eng zweet, well mer wëssen, datt d'Gemenge gefuerdert sinn, fir hei genuch Plazen ze schafen. Mir wëssen awer och, datt d'Schafe vu Plazen deier ass, an datt de Montant, de maximale Montant, ech mengen, vun 2000 un – zwanzeg Joer laang – net méi adaptéiert ginn ass. Dat heescht, wou mer d'Regierung froen, fir de maximale Montant, dee fir d'Berechnung vun der Bähëllef a Betracht gezu gëtt, un d'Realitéit vun de Präisser unzepassen.

An eng drëtt: De Staat seet, d'Esse wär gratis. De maximalen Montant, deen zum Beispill Privatcrèche awer dofir kréien, ass 4,50 Euro. Wa mer gläichzäiteg gäre wëlle regional Produkter fërden, Bioprodukter fërden, da geet dat net mat 4,50 Euro. Ech hu mat ville private Crèche geschwat, déi maache ganz einfach Defizit. Dat heescht, mir froen och, fir dee maximale Montant ze erhéien.

Ech soen Iech Merci.

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

– constatant que le concept de la gratuité de l'accueil et de la gratuité des cinq repas par semaine au sein de l'enseignement fondamental pour tous les enfants scolarisés pendant l'année scolaire hors vacances et congés scolaires – ainsi que la gratuité des cinq repas par semaine pour les enfants issus de ménages à faible revenu également en période de congés et de vacances scolaires – dans les structures faisant partie du système « Chèque-service accueil » (CSA) ne vise que les parents profitant ou voulant profiter de l'offre desdites structures ;

– considérant que, d'après l'avis du Syvicol du 30 mai 2022 y afférent, l'introduction de la gratuité de l'accueil, ainsi que l'introduction de la gratuité des repas principaux, interviennent à un moment où plusieurs communes ont déjà atteint les limites des places disponibles dans leurs structures d'accueil avec comme conséquence que des parents voulant profiter de cette nouvelle offre se verront refuser leur demande le cas échéant ;

– considérant qu'il existe bon nombre de parents qui de par leur activité professionnelle, et des horaires de travail irréguliers voire atypiques qui en découlent, n'ont pas la possibilité de faire appel aux services proposés par les structures d'accueil du système CSA ;

– considérant qu'il existe bon nombre de parents qui – de leur propre choix – s'occupent eux-mêmes de leurs enfants en dehors des horaires de classe et qui, par conséquent, ne font pas appel à l'offre des structures d'accueil du système CSA ;



– *regrettant que les groupes de parents précités sont négligés par les divers dispositifs de soutien étatiques en matière d'éducation non formelle,*

*invite le Gouvernement*

– *à élaborer une ou plusieurs mesures servant à soutenir financièrement les groupes de parents ne pouvant ou ne voulant pas profiter de la nouvelle offre en matière d'éducation non formelle.*

(s.) Martine Hansen, Diane Adehm, Paul Galles, Max Hengel, Octavie Modert.

## Motion 2

*La Chambre des Députés,*

– *considérant que, d'après l'avis du Syvicol du 30 mai 2022 y afférent, l'introduction de la gratuité de l'accueil ainsi que l'introduction de la gratuité des repas principaux au sein de l'enseignement fondamental interviennent à un moment où plusieurs communes ont déjà atteint les limites des places disponibles dans leurs structures d'accueil ;*

– *estimant que, d'après le Syvicol, l'introduction de la gratuité de l'accueil ainsi que l'introduction de la gratuité des repas principaux augmentent l'attractivité de l'offre et engendreront ainsi très probablement une hausse de la demande ;*

– *constatant que le plafond du soutien financier étatique par chaise, actuellement fixé à 10.000 euros, n'a pas été adapté depuis environ 20 ans ;*

– *considérant que, compte tenu de l'évolution de l'indice des prix de la construction entre 2000 et 2021, la valeur actuelle du plafonnement devrait être chiffrée à au moins 17.000 euros par chaise,*

*invite le Gouvernement*

– *à adapter le plafond du soutien financier étatique par chaise à l'évolution de l'indice des prix de la construction.*

(s.) Martine Hansen, Diane Adehm, Paul Galles, Max Hengel, Octavie Modert.

## Motion 3

*La Chambre des Députés,*

– *considérant que le Gouvernement a décidé d'introduire au sein de l'enseignement fondamental non seulement la gratuité de l'accueil, mais aussi la gratuité des cinq repas principaux pour tous les enfants scolarisés pendant l'année scolaire hors vacances et congés scolaires dans les structures faisant partie du système « Chèque-service accueil » (CSA) – ainsi que la gratuité des cinq repas par semaine également en période de congés et de vacances scolaires pour les enfants issus de ménages à faible revenu ;*

– *considérant que la flambée des prix des produits énergétiques se répercute également sur les prix des matières premières voire des denrées alimentaires ;*

– *considérant la volonté de l'État de promouvoir les produits régionaux et/ou biologiques,*

*invite le Gouvernement*

– *à adapter les barèmes prévus pour la gratuité des repas au titre du système « Chèque-service accueil » (CSA) afin de tenir compte de la récente flambée des prix des matières premières.*

(s.) Martine Hansen, Diane Adehm, Paul Galles, Max Hengel, Octavie Modert.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Här Präsident, Kolleginnen a Kollegeen, ech wëll och als

Éischt dem Rapporteur Gilles Baum Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Déi nonformal Bildung ass e Pilier vun eisem nationalen Educationssystem. Nieft der Famill an der Schoul spillen also d'Maison-relaisen oder d'SEAen (ndlr: Service d'éducation et d'accueil), wéi dat haut ass, eng zentral Roll fir d'Entwécklung an d'Liewensqualität vu ville Kanner. An der Kandheet gi jo dacks d'Weihe gestallt fir de weidere Verlaf vun engem Jonke sengem Liewen: schoulesch Reussitten, sozial Kompetenzen, Entwécklung vun der Perséinlechkeet, Entdecke vun Interessien a villes méi.

An deem Sënn huet e staarke Staat den Optrag, duerch e gudden Encadrement vu Kanner ausserhalb vun der Schoul, fir méi Chancéglichkeet ze suergen, a fir all Kanner, déi et brauchen, eng qualitativ héichwäerteg Betreierung ze assureieren.

Ech wëll gär hei nach eemol betounen, datt et sech effektiv ëm e Choix handelt, deen all Famill huele kann. Et dierf een awer virun allem net vergiessen, dass déi ausserschoulesch Betreierung fir vill Leit essentiel ass, fir Famill a Beruff matenee verbannen ze kënnen. Besonnesch Fraen, déi sech trotz allem haut nach ëmmer méi heefeg ëm d'Kanner këmmen an awer och alengerzéiend Mammen oder Pappe sinn all op d'Ganzdaagsbetreierung ugewisen.

Op där anerer Säit fannen ech et immens wichteg, an dat hunn ech, mengen ech, och schonn op dëser Plaz gesot, dass d'Elteren, wa se da fräi sinn an zum Beispill während hirem Congé légal oder soss hirer fräier Zäit, sech och ëm hir Kanner këmmen a se doheem halen, fir dass d'Kanner och dës wäertvoll Zäit kënnen mat hiren Eltere verbréngen. Hei ass et wichteg, sou Reglementatiounen an den eenzelne Strukture virzegegn.

Allgemeng ass et ze begrëssen, dass dëst Gesetz engersäits den Accès op déi nonformal Bildung verbessert. Anerersäits gëtt d'Mëttegiesse während der Schoulwoche fir alleguerten d'Schüler bis zwielef Joer gratis.

Als LSAP begrëisse mer, dass all Kand d'Méiglechkeet huet, eng waarm Molrecht ze kréien. En héichwäerteg Mëttegiesse ass fir eis eng wichteg Komponent vun der Ganzdaagsbetreierung an dréit och zum Bien-être vun de Kanner bäi.

Beim Iesse wéi och bei der Betreierung ass d'Qualitéit den A an den O. All Kand dat an engem SEA ageschriwwen ass, huet d'Recht op eng qualitativ héichwäerteg Betreierung. D'Maison-relaise si jo net just do, fir d'Kanner ze versuergen. De Cadre de référence vun 2021 fir déi nonformal Bildung ënnersträicht d'fir siwe Beräicher fir de Kanner hir Experienzen, Léiererfahrungen an Entwécklungen. Dat sinn: Emotiounen a sozial Relatiounen; Wäerter, Participatioun an Demokratie; Sprooch, Kommunikatioun a Medien; Kreativitéit, Konscht an Ästhetik; Beweegung, Kierperbewosstsäin a Gesondheet; Wëssenschaft an Technologie, an, als lescht, Transitioun tëschent Famill a Schoul.

Dës Beräicher sollen an enger Betreierungsstruktur d'Kanner fërderen. Wéi mer d'lescht Woch gewuer gi sinn, soll dann am September bei der Rentrée och de Volet vun der Hausaufgabenhëllef an der nonformaler Bildung derbäikommen.

Fir dëst alles ëmzesetzen, brauch ee genuch gutt ausgebildent Personal. D'fir ass et wichteg, dass d'Strukture finanziell vum Staat ënnerstëtzt ginn. Dës Ënnerstëtzung muss éischstens um Niveau vun de Leeschtunge gräifen. Et ass wichteg, dass d'Gemeengen an aner Träger eng Planungssecherheet hunn. En zweete Punkt, wou déi finanziell Participatioun vum Staat gräife muss, ass de Bau an d'Renovatioun vun

de Gebailechkeete vun de Strukturen. Nom ASFT-Gesetz vun 1998 ass jo d'Participatioun op 50 % limitéiert an zousätzlech gesinn d'Konventiounen nach e Plaffong vun 10.000 Euro pro Chaise vir. Dëse Plaffong ass effektiv schonn eng ganz laang Zäit dee selwechten. Mee wuel wëssend, dass awer och déi nei Structures intégrées elo 12.500 Euro kréien.

Mat deem Gesetz gëtt d'Offer vun der Kannerbetreierung also méi attraktiv gemaach. Mir dierfen awer net vergiessen, dass verschidde Gemengen effektiv haut den Demanden net alleguer kënnen gerecht ginn. Fir méi Kanner kënnen eng Plaz unzibidden, gi méi Raimlechkeeten a méi qualifizéiert Personal gebraucht. Doriwwer misst een nodenken, fir d'staatléich Participatioun beim Personal eventuell unzepassen.

Ech wëll awer betounen, dass mir als LSAP selbstverständlech fir dëse Projet stëmme wäerten, well mer och, wéi ech am Ufank gesot hunn, der Meenung sinn, dass e staarke Staat fir Chancégerechtkeet muss suergen, an dëse Projet ass e Schratt och an déi Richtung.

An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Simone Asselborn-Bintz. An da wär et elo un der honorabeler Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här Präsident. Haut gëtt e wichtege Punkt aus dem Koalitiounsaccord ëmgesat. Mir stëmme d'gratis Kannerbetreierung an d'Mëttegiesse fir Kanner aus dem Fondamental während der Schoulzäit. Gläichzäitig sinn d'Mëttegiesse an d'Presenz an den SEAE während der Vakanz finanziell gestaffelt.

Mat deem Gesetz maache mer e Meilesteen a Richtung Chancégerechtkeet a schafen den universellen Accès zur nonformaler Bildung. All Kand dierf während senger Schoulwoche gratis an d'Maison-relaise goen. Zousätzlech an an enger logescher Suite gëtt och d'Mëttegiesse fir d'Kanner gratis respektiv an de Vakanze méi erschwénglech.

E Gesetz, wat also d'Famillje finanziell entlaascht an d'Kanner stäerkt. Si gi gestäerkt, well d'Kannerbetreierung méi ass wéi eng Betreierung am Sens strict. D'Qualitéitsufuerderungen an eise Maison-relaisen hu sech enorm verännert an de leschte Joren. D'Pres-tatairë mussen all puer Joer e Bildungsrahmenplan eraginn, ginn drop evaluéiert, mussen verflüchtend Formatiounen maachen an hunn natierlech d'Konditiounen vun hiren Agerementen ze erfëllen.

Kanner, déi optional an d'Maison-relaise ginn, kréien do d'Méiglechkeet fir spilleresch ze léieren, sech ze beweegen a mateneen ze spillen, se léieren den Émgang mat Wëssenschaften an Technik, mat Musek a Konscht, mat Demokratie an den Émgang ënnerteenen. Déi siwen Handlungsfelder vum Bildungsrahmenplan gi mat geschoultem Personal ëmgesat a sou gëtt de Kanner eng qualitativ héichwäerteg edukativ Offer gebueden, déi de Besoinen vun de Kanner gerecht gëtt a complementaire zu der formeller Bildung ass.

Zousätzlech dozou kënn och nach d'Offer vun der Hausaufgabenhëllef, déi wichteg ass, fir de Kanner eng Begleedung bei den Hausaufgaben ze offréieren an esou sécherzestellen, dass déi Kleng sech net nach owes no der Maison relais mussen dohinnerstëtzen an Aufgabe maachen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Erlaabt mer awer, hei drop hinzeweisen, dass meng Kollegein, d'Josée

Lorsché, op dëser Plaz schonn ëfters fir en Ofschaffen oder Reduzéiere vun Hausaufgabe plädéiert huet, an dës Positioun ëmsou méi gerechtfertegt ass, wann ee bedenkt, dass ëmmer méi Kanner d'Offer vun der formaler an der nonformaler Bildung unhuelen.

Här President, erlaabt mer, kuerz op e puer wichteg Punkten anzegoen. Chancëgläichheet an Inklusioun: D'Gratuitéit baut Barriären of an erlaabt alle Kanner, un der nonformaler Bildungsoffer deelzehuelen. Si férdert esou d'Mixitéit vun alle Kanner an alle soziale Schichten an ass dowéinsten och eng inklusiv Offer.

Infrastrukturen: Jee méi Kanner hire Wee an d'Maison-relais fannen, desto méi ass déi néideg Capacitéit natierlech eng grouss Suerg vu ville Gemengeresponsablen. Ech mengen, dass aner Riedner sech domadder nach vill besser auskenne wéi ech, mee ech mengen, dass dësen Defi e reellen ass, an et ass ëmsou méi wichteg, dass d'Raim, d'Infrastrukturen an och d'alentouren vun den SEaen op d'Besoine vun de Kanner ausgeriicht ginn an och esou konzipéiert ginn. Ech denken un Inklusioun, un Nohaltegkeet, mee och u Réckzuchsméiglechkeeten an eng ugepasst Akustik. Dat sinn Aspekter, op déi besonnesch muss opgepasst gi beim Bau vun zukünftege Strukturen, an natierlech mussen deementsprechend och d'Finanzéierungsmechanismen adaptéiert sinn.

Op d'Vereenbarkeet vum Veräinsliwwen, dem fräie Spillen an der eegener Gestaltung vu senger Zäit an dem Liewen an der Maison relais muss och an Zukunft e wichtige Fokus geluecht ginn. Mir wëlle weiderhin d'Méiglechkeet schafen, dass d'Kanner a Sportsclubb kënne goen, an d'Musek, an d'Scouter oder an d'Pompjeeën a se och natierlech de Wee dohinner fannen. Well do bäisst sech d'Kaz ëfters mol an de Schwanz a mir mussen do souwuel kommunal wéi national u Léisungen denken.

Här President, déi gréng stinn hanner enger kompletärer a qualitativ héichwäerteger Offer an der nonformaler Bildung. Eng Offer, déi ëm de Bien-être vun de Kanner besuergt ass, déi Wëssen, Kompetenzen a sozialt Verhale vermittelt, déi den Echange an d'Inklusioun favoriséiert, wou Bildung a Betreierung e Stéck méi no uneneeréckelen.

Ech ginn heimadder ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun a soen dem President-Rapporter e ganz grouse Merci fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup (ADR)** | Merci, Här President, an och merci dem Här Baum fir de Rapport. Dir Dammen an Dir Hären, als Äntwert op eng parlamentaresch Fro vu menger Säit, d'Nummer 6281 vu virun engem Mount, kouw eraus, dass 36.417 Schoulkanner an engem Bildungs- a Betreierungsservice fir Schoulkanner ageschriwwen sinn. Dat ass dat, wat virun 2013 Maison relais genannt ginn ass an zënter 2013 am Fong net méi Maison relais genannt gëtt.

Elo ginn also déi Betreierungsservicer fir d'Schoulkanner vum Schoulufank 2022/2023 u vu moies 7.00 bis owes 19.00 Auer gratis, gradesou wéi d'Mëttegiesse fir d'Kanner an der Schoul gratis gëtt, wat sécherlech Moossname sinn, déi ze begrësse sinn.

Wichtig ass eis als ADR, dass d'Qualitéit an deene Strukturen garantéiert ass. Dat zielt fir d'Infrastrukturen an och fir d'Personal. An ee Punkt ass eis do besonnesch wichtig – an dat ass och en Deel vun der Qualitéit –, dat sinn d'Sproochekenntnisser, dat heescht haaptsächlech d'Kenntnisser och vum Lëtzebuerger.

An ech gi jo dervun aus, dass mir eis allegueren hei eens sinn, dass an deene Strukturen all déi Leit, déi do schaffen, och Lëtzebuergeresch schwätze kënne mussen.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Très bien!

**M. Fred Keup (ADR)** | Grondsätzlech begrësse mer also dës Moossnam fir gratis Strukturen. Mee leider gëtt hei deene Familien, déi hir Kanner doheem versueren an doheem fir hir Kanner kachen, net Rechnung gedroen. Fir et direkt ze soen, mir fuerderen: Als Kompensatioun sollten och déi Leit, déi doheem bleiwen, fir sech selwer ëm hir Kanner ze këmmern, eng änlech finanziell Bähëllef kréien. Well Elteren, déi de Choix maachen, oft mat ville finanzielle Sacrificer verbonnen, fir doheem ze si bei de Kanner, déi sech do staark engagéiere wëllen, déi kréie mat dësem Gesetz leider näischt, an dat ass net fair. Dat eent ok, do si mir och derfir, mee dann dat anert och!

Dofir, kommt, mir ënnerstëtzen och déi Familien, déi hir Kanner doheem versueren!

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Très bien!

**M. Fred Keup (ADR)** | Kommt, mir ginn de Familien de Choix, sech selwer ëm hir Kanner ze këmmern! Kommt, mir huelle se aus dem Zwang eraus a mir ginn hinnen d'Méiglechkeet, och am Dag fir hir Kanner present ze sinn!

De 5. Mee hate mir hei am héijen Haus eng Unhéierung vun enger Petitioun zu deem Theema, mam Titel: „Ënnerstëtzung fir d'Elteren deenen hier Kanner net an eng Maison relais ginn“. D'Zil vun der Petitioun war, dass déi Elteren eng finanziell Bähëllef solle kréien, deenen hir Kanner eeben net an eng Maison relais ginn an deenen hir Kanner also all Dag doheem oder bei engem anere Familljemember mëttes z'iesse kréien.

Dëst och als Motivatioun, fir dass nach méi Eltere sech géife fir Deelzäitaarbecht entscheeden, fir méi Zäit mat hire Kanner ze verbréngen, an dat ass ganz wichtig. Schliisslech och nach, fir Geld ze spueren bei Infrastruktur- a Fonctionnementskäschte vun de Maison-relais, duerch déi Elteren, déi dann eeben hir Kanner doheem versueren.

Mir hu grad heidriwwer geschwat: A ville Gemenge sinn déi néideg Infrastrukturen net do. Elo muss mer kucken, ob vill méi Kanner sech wäerten aschreiwle vu September un. Mee do wäerten eng Partie Gemenge ganz sécher nach méi wäit iwwer hir Limitte kommen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Famill ass d'Basis vun eiser Gesellschaft, an d'Kanner an d'Famill missten eigentlech am Zentrum vun eisen Entscheedungen stoen. Hei ass e Projet, deen awer leider net d'Kanner an och net d'Famill an den Zentrum setzt, mee – einfach ausgedréckt – éischter d'Wirtschaft an de Mëttelpunkt stellt. Eng Politik, déi sech ëm d'Wuel vun de Kanner këmmert, ma déi géif probéieren, dem Kand esou vill Zäit wéi méiglech bei senger Mamm a bei sengem Papp ze ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fred Keup (ADR)** | Eng Politik, déi sech net ëm d'Wuel vum Kand këmmert, déi probéiert, der Wirtschaft d'Mamm an de Papp sou séier wéi méiglech erëm zur Verfügung ze stellen.

(Interruption)

Dat ass e politesche Choix. Hei tendéiert d'Regierung leider éischter an déi Richtung: Mamm a Papp sollen erëm fir d'Wirtschaft do sinn!

Mir sinn net där Meinung. Mir fuerderen hei eng Gerechtegkeet. Och déi Elteren, déi sech bereetklären, hir Kanner doheem selwer ze versueren, dierfen net

diskriminéiert gi par rapport zu den Elteren, déi hir Kanner a Strukture ginn. Dat wier eng kannerfrëndlech an eng familljefrëndlech Politik.

Duerfir wäerte mir eis bei dësem Projet och enthalten. Well mir wëllen eng Ënnerstëtzung fir déi Familien, déi de Choix treffen, hir Kanner doheem ze versueren a sech selwer ëm hir Kanner ze këmmern.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Keup. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Här President, d'Schoul ass e weesentlechen ëffentleche Service. D'Schoul ass dofir jo och gratis fir jiddereen. D'Kannerbetreierung an d'Kantine sinn an eisen Aen och weesentlech ëffentlech Servicer a sollten dofir och gratis fir jidderee sinn am Kader vun enger Ganzdaagsschoul.

Bis elo goufen iwwert de System vun de Chèques-services accueil d'Käschte vun der Kannerbetreierung am Zesammenhang mam nationale Referenzkader fir informell Bildung vum Staat subventionéiert. E Stot mat engem oder méi Kanner konnt jee no sengem Revenu en Deel vun den ufalende Käschte vum Staat bezuelt kréien. Dat huet de facto eng Gratuitéit bedeit fir Leit, déi a ganz prekäre Verhältnissen liewen, an e kleng Bättrag fir déi, déi knapps iwwert de Mindestloun eraus verdéngen.

Sou richteg deier war et fir kee Stot, egal wéi gutt ee verdéngt huet. Mee eng universal Gratuitéit, sou wéi dat sech passt fir en ëffentleche Service, gouf et hei net.

Dir wësst: Mir waren ni ganz frou mat dem System vun de Chèques-services accueil. Dee System huet de groussen Nodeel, datt net jiddereen, deen Urecht drop huet, och kann dovunner Gebrauch maachen, sou wéi d'Frontaliersaarbechter/innen zum Beispill.

Deen anere groussen Nodeel ass, datt domat e reeglechte Crèchebusiness entstanen ass, well och privat Crèche mat engem Agreement vun deene staatleche Subventiounen profitéieren a sech aus hiren dacks méi héijen Tariffer e klengen, vum Staat gesponserte Bonus erausheule konnten.

Esou een Agreement berout zwar op Qualitéitskriterien, déi vum Bildungsministère virgesi sinn, mee Froen, Diskussiounen an Debatten iwwer schwammeg Qualitéitskontrolle gouf et der scho sou much heibannen. Temoignagë vu concernéierten onzufriedenen Eltere krute mir als Deputéiert och schonn eng jett mat op de Wee. Dat mécht, datt mir als déi Lénk weiderhin net vum System vun de Chèques-services accueil iwwerzeegt sinn.

Här President, d'Méiglechkeet vun enger gratis anstänneger Molzecht am Kader vun de Betreierungsstrukturen an der Schoul sollt einfach feste Bestanddeel si vum ëffentleche Service, deen hei gebuede gëtt. Wat mir, déi Lénk, wëllen, ass eng generell Gratuitéit vun de Strukturen, déi Kannerbetreierung, nonformal Bildung a gesond Ernährung op der Plaz matenee verbannen am Kader vun engem qualitativ héichwäertegen ëffentleche Service. D'Gratuitéit eleng vun deene Servicer geet net duer. Wann, da muss se och 100 % ëffentlech sinn.

Dës Kollektiviséierung vun der Kannerbetreierung, der nonformaler Bildung an der Gestiou vun de Kantine an de Schoulen an an de Betreierungsstrukturen gëtt awer vum zoustännegen Minister an dëser Koalition leider nach ëmmer net assuméiert.



Mat dësem Gesetz schaaft d'Regierung zwar eng Basis fir esou eng generell Gratuitéit vun de konventionéierte Betreuungsstrukturen an de Kantinnen, mee eng reegelrecht Prise an charge vum Staat, fir weider Offeren ze schafen an och an öffentlecher Hand ze geréieren, ass net virgesinn.

An engem Kontext, wou private Crèche wéi Champignonnen aus dem Buedem wuessen, fir eng Offer ze bidden, op déi ee kaum verzichte kann, well a ville Gemenge riseg Waardelëschte sinn, fir eng Plaz an enger Betreuungsstruktur oder Gemeengecrèche ze kréien, a well et net genuch öffentlech Crèche gëtt – an esou engem Kontext stécht klor eraus, dass hei de Staat drop verzicht, seng Responsabilitéiten ze assuméieren. D'Kannerbetreuung, d'Bildung an d'Ernährung an dem Kader vu Kanner a Jugendliche dierfe kee Business sinn!

Här President, de Bildungs- a Jugendministère verstoppt sech allze gär hannert der Autonomie vun de Gemengen, wann et drëms geet, eng flächendeckend Kannerbetreuungsoffer op d'Been ze setzen. D'Betreuungsstrukturen falen effektiv an de Kompetenzberäich vun de Gemengen. Verschidde Gemenge bedriewen hir eege Crèche mat hauseegem Personal, mee vill Gemengen hu Servicer, déi schlecht opgestallt sinn an déi tränkele bei der Schafung vun neie Strukturen, déi batter gebraucht ginn. Do ginn also net just Subventionen gebraucht, fir d'Gebäuestrukturen opzubauen, mee och logistesche Hëllef vum Staat.

Well wat bréngt eng Gratuitéit, wa ganz vill Leit net kënnen dovunner profitéieren, well hir Kanner keng Plaz an enger Betreuungsstruktur oder Gemeengecrèche hunn? Wat bréngt eng Gratuitéit op Plazen, wou mol keng Betreuungsstruktur einfach an no bäi mam öffentlechen Transport oder ze Fouss zougänglech ass?

Besonnenesch fir elengerzéiend Elteren ass déi Form vu geografescher Diskriminatioun beim Zougang zu Kannerbetreuungsstrukturen e Problem. Natierlech spillt do eng finanziell Diskriminierung mat, wa Leit weinst den héije Logementspräisser an exzentrierte Géigende wunne müssen.

Wa Gemengen do net kënnen schalten, fir de Leit Betreuungsstrukturen a Schoule méi no ze bréngen, da muss de Staat sech eeben aschalten. Dat geet jo och beim Logement. Do iwwerhëlt d'SNHBM jo och Wunnengen a ka se bauen, wann eng Gemeng entweder ze bequeme oder ze schlecht organiséiert ass, fir dat selwer ze maachen.

D'Gratuitéit vu Kannerbetreuung a Kantin geet net duer, fir jidderengem Zougang zu dëse wichtege Servicer ze schafen. An da muss een nach bemerken, dass d'Gratuitéit am Kader vun dësem Gesetz zäitlech begrenzt ass. Si gëllt net an de Schoulvakanz, op alle Fall net fir jiddereen. Et ass zwar gekuckt ginn, dass prioritär Leit mat bis zu zweemol de Mindestloun kënnen während der Vakanzzeit vun der Offer profitéieren, wat ze begreissen ass. Nach eemol: D'Gratuitéit soll eng Optioun fir jiddereen sinn an d'Gratuitéit eleng ass net alles.

D'Leit brauchen e staarken öffentleche Service, zu deem si e garantéierten Zougang verschaaft kréien, egal wou se wunnen, notament wa si als Elteren deel op sech selwer gestallt sinn, fir d'Erzéiungsarbecht ze assuréieren. Do denken ech besonnenesch un de Gros vun de Fraen an dëser Situatioun.

Och während de Schoulvakanz gëtt et also Kanner, déi net an d'Vakanz fueren, well d'Elteren entweder keng Moyenen oder kee Congé derfir hunn. Fir dës Kanner ass et wichteg, dass d'Betreuungsoffer méi hiergëtt wéi just eng Plaz, wou si temporär ennerbruecht ginn. Grad an der Vakanz kéinten

d'Fräizäitaktivitéiten am Kader vun de Services d'éducation et d'accueil ausgebaut ginn, vläicht souguer a Form vu Vakanzkolonien, wou d'Kanner kënnen higoen, fir och eng Vakanz ze hunn, wann d'Eltere musse schaffen.

Ech erënneren um Schluss nach drun, dass eng generell Gratuitéit vun öffentleche Servicer eppes ass, wat déi Lénk festgemeesselt an hire Programmer stoen hunn. Ob Schoul, Kannerbetreuung, Kantin, Schwämm, Post oder Gesondheitssewer, d'Gratuitéit muss prinzipiell garantéiert ginn. Mee fir all dës Beräicher insistéiere mir nieft der Gratuitéit och op eng qualitativ Héichwäertegkeet an direkt Zougänglechkeet vun dëse Servicer, vun deenen et der onbedéngt méi misst ginn.

Soulaang dat net de Fall ass, bestinn Divisiounen an Diskriminatiounen ronderëm den Zougang zu öffentleche Servicer. Jiddereen hätt do jo awer gär e Stéck vum Kuch: „Firwat déi eng an net déi aner? Firwat si? Firwat net mir?“ Mat der genereller Gratuitéit an engem garantéierten Zougang zu deene Servicer fir jiddereen, de se wëllt a brauch, geet een dësem Diskriminatiounsproblem aus dem Wee.

Ech ginn awer heimadder trotz all deene Kriticken den Accord vun déi Lénk. Merci fir d'Nolauscheren.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten) |** Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vu mir als Éischt e grouse Merci un de Rapportier fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Mir musse just virun d'Dier vun der Chamber kucken an da gesi mer dat, wat all Joer de Fall ass, nämlech dass fir vill Kanner am Land elo déi lescht Schoulwoch ugebrach ass, virun enger laang erseenter Summervakanz, op déi mer eis, mengen ech, alleguerter freeën. An domadder kreessen d'Gedanken elo mol als Éischt ëm Fräizäit a Spaass mat de Kolleegen.

Mee déi nächst Rentrée kënt bestëmmt a se wëllt virbereet sinn, an dat net nëmmen am Beräich vun der formaler, mee eeben och am Beräich vun der nonformaler Bildung.

Dofir freeë mer eis haut, dësen Text ze stëmmen, deen hoffentlech ville Familljen am Schoulalldag zeguttkomme wäert. E käschtefräien Zougang zur nonformaler Bildung an och e gratis waarmt Mëttegiesse kënnen fir vill Famillje mat klenger Revenuen duerchaus eng grouss Entlaaschtung sinn. An dofir ënnerstëtzt mer de virleiende Projet, och wa mer der Meinung sinn, dass et hei trotzdem nach weider Efforten ze maache gëtt.

Kucke mer nämlech op de Volet vun der Chancëgläichheet, op deen am Exposé des motifs jo awer sou gäre verwise gëtt, dann erkenne mer eigentlech séier, dass hei awer nach laang net all Kand déi selwecht Chancen huet. Kanner, déi a Gemenge wunnen, an deenen d'Betreuungsstrukturen chronesch iwwerlaascht sinn an d'Waardelëschte laang voll sinn, hu keen Zougang zu der Offer, déi mam virleienden Text geschaf gëtt, an Elteren, déi Schichte schaffen, kënnen mat dëser Offer och vill manner ufänke wéi Elteren, déi e klasesche Bürosjob maachen.

Dat ass besonnenesch problematesch, wann ee bedenkt, dass d'Zil vum Projet sollt sinn, d'Kanner aus Famillje mat klenger Revenuen ze erreichen. Well zum Beispill grad am Botzsektor oder och am Horeca, wou tendenziell méi niddreg Paie bezuelt ginn, ginn oft Aarbechtszäite gefrot, déi kengem typeschen Néng-halwer-sechs-Dag entsprechen. Hei muss

ee sech also d'Fro stellen, ob déi Leit, déi am dréngendste vun der Gratuitéit vun den offéierte Servicer profitéiere sollten, och tatsächlech en Accès dozou kréien. An déi Fro kann ee just beäntweren, wann een Zuele sammelt.

Ech denken dofir, dass et wichteg wier, no enger kuerzer Agewinnungsphas eng detailléiert Analys doriwwer ze maachen, wéi eng Kanner aus wéi enger Famillje vu wéi enger Betreuungsoffer profitéieren, fir esou ze gesinn, wéi d'Zuelen hei par rapport zum Akommes an der Berufsspart vun den Eltere variéieren. Esoulaang sech hei frappant Ennerscheeder sollte feststelle loosson, wäert een net vu Chancëgläichheet schwätze kënnen.

An dat kann een och net, wann ee sech d'Wielméiglechkeete vun de Familljen ukuckt, wat d'Betreuungsmodeller ugeet. De Bildungsministère betount zwar gären, dass et sech bei der nonformaler Bildung ëm eng Offer handelt, vun där ee profitéiere kann, mee net muss. Mee grad akommesschwaache Famillje feelt dach ganz einfach oft de Choix. Si kënnen sech net erausschicken, hir Kanner selwer doheem ze versueren, well all déi staatlech Leeschtunge Saachleeschtunge sinn, déi ronderëm déi staatlech Betreuungsstrukturen dréien.

Wie seng Kanner selwer doheem wëllt versueren, muss ouni staatlech Aiden auskommen oder mat ganz weineng. An dat ass grad mat niddregen, mee och schonns oft mat mëttleren Akommessen – déi ominéis Mëttelschicht – onméiglech.

Hei maache mir Piraten eis säit Laangem staark fir e bore Chèque-service accueil, deen deene Famillje sollt ausbezuelen ginn, déi net vun der staatlecher Betreuung profitéiere wëllen, fir si net am Stach ze loosson. An ech mengen, wa mer an deene leschte Méint eng Kéier gekuckt hunn, wat op d'Questionnaire geäntwert gouf, wat eng Plaz an enger Crèche, wat de Chèque-service accueil deelweis pro Kand kascht, dann ass dat nawell substanzuell.

Nee, et dierfen net just déi, déi sech et leeschte kënnen, e Choix hunn, mee jiddereen muss de Choix kënnen hunn. Leider enthält dësen Text keng esou eng Dispositioun, mee ëmmerhi verbessert en d'Situatioun vun deene Familljen, déi sech fir eng Betreuung an enger Maison relais entscheet hunn an d'Chance haten, eng Plaz ze kréien.

Dat ass ëmmerhin en Ufank. Et ass awer sécherlech net d'Enn vum Wee, mee trotzdem wäerte mir Piraten dofir dëse Projet de loi matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen (Piraten) |** Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse |** Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci un de Gilles Baum als Rapportier, deen eis, sou wéi d'Djuna Bernard et gesot huet, schonn an déi wichteg Decisioun hei agefouert huet. Well ech denken, et ass eng, déi schonn eng gewëssen histoersch Tragweid huet, wa mer hei decidéieren, dass mer nonformal Bildung gradesou wéi déi formal Bildung op een Niveau hiewen a se fräi, also gratis zougänglech, maache fir all eis Kanner.

Firwat maache mer dat? Ma well mer fest dovun iwwerzeegt sinn, dass déi Kompetenzen, déi mer an

der nonformaler Bildung, also an de Maison-relaisen, bei den Dageselteren, an de Foyer-scolaire queesch uechtert d'Land, vermüttelen ewéi Kommunikatiouns-fäegkeet, Sproochentwécklung, Motricitéit, Kreativitéit, déi sozial Relatioun, also sozial Kompetenzen, awer och d'Interessi fir Wëssenschaft an Technik, d'Fäegkeet, sech anzebréngen, seng Meenung ze soen, ze participéieren, haut gradesou wichteg si wéi alles dat, wat mer um Léierplang stoen hunn an der formaler Bildung, also an der Schoul.

A wa mer gären hätten, datt d'Kanner sech ganzheetlech entwéckelen, a wa mer gären d'Kand an den Zentrum vun eiser Bildungspolitik setzen, dann, denken ech, ass et eigentlech nëmmen e logesche Schrëtt, dat heiten ze maachen. Esou wéi et elo iwwer 100 Joer kloer ass an e breede Konsens hei am Land ausgemaach huet, och no Diskussiounen, datt Schoul soll gratis sinn, soll eeben och hei déi ausserschoulesch – ech wëll net méi soe „Betreiung“, well et ass net nëmme Betreiung, et ass gradesou Bildung ewéi villes, wat mer op anere Plaze maachen – Bildung gratis zougänglech si fir all Kanner.

Dat grad no engem Prozess, an deem mer zanter 2017 awer intensiv och an d'Qualitéit vun deene Strukturen investéiert hunn, fir datt mer deenen Zilsetzungen, déi ech grad genannt hunn, och alleguerter kënne gerecht ginn. Dee ganze Secteur – a mir schwätze jo hei vun deene schoulpflichtege Kanner, egal ob et Struktüre sinn, déi vu Gemenge selwer betreit a bedriwwen ginn, ob et Struktüre sinn, bei deenen d'Gemeng dat un eng ASBL delegéiert oder och nach, dat mécht awer hei fir des Altersbranche e relativ bescheidenen Deel aus, privatrechtlech Struktüre sinn – huet sech op de Wee gemaach an huet seng eegen Approche a Fro gestallt an huet sech och un den nonformale Bildungsrahmenplan conforméiert, fir déi Qualitéitskrittären do ze erreechen.

An ech denken, datt et duerfir elo haut dee richtegen Zäitpunkt ass, deen dote Schratt ze maachen: während de Schoulwochen, wéi gesot, souwuel gratis Openthalt an der Maison relais wéi och gratis Iessen, an dann ausserhalb vun de Schoulwochen dat sozial gestaffelt ze maachen. Dat, denken ech, ass dee richtegen a logesche Schrëtt, dee mer hei no deene Politicke vun de leschte Jore maachen. Ech wëll drun erënneren, datt mer 2017 decidéiert hunn, 20 Stonne gratis an der Crèche unzibidden fir all Kand, och do aus der Begrënnung eraus, datt grad déi éischt Jore wichteg sinn, datt mer och do eng Qualitéitsentwécklung ugestriift hunn an datt och déi Kompetenzen, déi an deem Alter gefërdert ginn, extreem, extreem wichteg si fir d'Weiterentwécklung vum Kand.

Well ganz dacks, Här President, schwätze mer jo hei am Haus vun der Chancégerechtigkeit an dovun, wat mer als Bildung, Bildungsstrukturen – an net nëmmen d'Schoul, mee de ganze Bildungssecteur – müssen a kënne maachen, fir datt all Kand säi ganz Potenzial kann entwéckelen, onofhängeg vun der Sprooch, déi doheim geschwat gëtt, onofhängeg vum Bildungsniveau, deen d'Elteren hunn, onofhängeg vum sozioökonomesche Statut vun den Elteren.

Wann een an d'Literatur kucke geet, jo, da gëtt et eigentlech eng Mesure, déi ëmmer nees an iwwer Joren awer elo recommandéiert gëtt, datt ass eeben och, ausserschoulesch Aktivitéiten accessibel ze maachen, se mat héijer Qualitéit unzibidden an a Richtung vu Ganzdaagsschoulen ze goen. Dat ass jo dee Schrëtt, dee mer haut hei maachen. Dat wat an der däitschsproocheger Literatur „oppe Ganzdaagsschoule“ genannt gëtt, dat ass genau dat, wat mer mat deem Schrëtt hei definitiv zu Lëtzebuerg fest verankeren, nämlech formal Bildung an der Schoul, zougänglech an obligatoresch fir jiddereen, an op

där anerer Säit nonformal Bildung fir all Kand, zougänglech an och gratis fir all Kand. An ech denken, datt dat nach eng Kéier e grouse Bäitrag dozou ka leeschten, datt all Kand seng Entwéicklungschancen a seng Chance op eng Reussite hei bei eis am Land kann hunn.

Ee Wuert vläicht och zum gratis Iessen. An ech géif do vläicht awer deenen, déi dat hei nach a Fro stellen, datt mer dat och generell gratis maachen, och mat op de Wee wëlle ginn: Iessen ass net nëmmen d'Déngschtleeschtung, datt ee sech kann ernären an net erhéngert. Iessen ass, wann ech elo d'Entwécklung vum Kand kucken, och e soziale Moment. Iessen, dat ass och Ernährungserzëiung. Iessen, do stécht vill méi dran, wéi just Kalorien zou sech ze huelen, wat eng Noutwendegkeet ass fir all Kand. An duerfir, denken ech, ass et richtig, datt mer deen dote Schratt gemaach hunn, deen eis, par ailleurs, duerch den Avis, e ganz kritisches Avis vum Staatsrot op déi éischt Propos vun der Regierung hin, fir d'Gratuitéit vum Iesse fir en Deel vun de Kanner an der Grondschoul kënne ze erreechen, mat op de Wee gi gouf. An duerfir sinn ech frou, op déi konstruktiv Kritik hei vum Staatsrot op déi dote Manéier kënne ze reagéieren, well mer hei eeben och während der Iessenszäit eng Bildungs-zäit hunn an dat op jidde Fall müssen ustriewen.

Dann, Här President, de Rapporteur, de Gilles Baum, huet et nach ënnerstrach, mat enger Rei vu Beispiller, datt mer hei och eng Entlaaschtung vun de Famille maachen. A grad an deenen Zäiten, denken ech, misst dat jo awer dat sinn, wat mer alleguerter wëllen: datt mer d'Famillen, déi haut nach belastscht ginn, well se d'Tariffer mussen bezuelen, well se hir Kanner an de Maison-relaisen aschreiwen, och entlaaschten. De Gilles Baum huet Beispiller gerechent. Mir wëssen, datt mer haut Tariffer hunn, déi gestaffelt sinn op d'Familljesituatioun, op d'Akommessituatioun, op d'Stonnenzuel och, déi ech vun deenen Déngschtleeschtungen do profitéieren.

Huele mer nach eng Kéier e Beispill vun enger Famill mat engem mëttlere Revenu: zweemol de Mindestloun an der Famill. Dat ass sécherlech nach keng wuelhabend Famill hei zu Lëtzebuerg. Déi spuert awer, wa se zwee Kanner an der Maison relais ageschriwwen huet während 15 Stonne während der Schoulzäit a während 45 Stonne während de Schoulvakanz – well een, wann ee schaffe geet, jo dann och muss méi staark op déi Strukturen zréckgräifen –, awer 1.800 Euro am Joer. Dat sinn ëmmerhin 150 Euro de Mount. An ech denken, datt dat eppes ass, wat momentan awer jidderengem och kann zeguttkommen.

Här President, et huet mech net aleng gewonnen hei am Raum, wat d'Haltung vun der CSV ass zu deem Dossier, nodeems 2008, mee dat war vläicht dann awer scho laang hier elo, de Jean-Claude Juncker op dëser Tribün stoung a gesot huet, datt ee misst drüwer nodenken, fir mëttelfristeg d'Kannerbetreiung hei zu Lëtzebuerg gratis ze maachen.

(Interruptions)

A mir hunn ...

(Interruptions)

A mir hunn ... Jo, mee ech sinn nach net fäerdeg. Elo reegt Iech dach net schonn op. Ech wëll de ganzen Historique jo kënne developpéieren.

(Interruption)

A mir hunn e Schratt gemaach, wéi ech virdru gesot hunn, 2017 mat 20 Stonne gratis an der Crèche. A wat huet d'CSV 2017 – dat ass fir Einzelner nach net esou laang hier, da kéint ee sech nach erënneren – dann zu deem Moment gesot? „Mir kënne dat dach net an de Crèche maachen.“ An dat, wat de Jean-Claude Juncker

2008 gemengt huet, dat war net fir d'Crèche, dat war fir d'Maison-relaisen. Lo steet d'Regierung haut hei a proposéiert d'Gratuitéit vun de Maison-relaisen, a wat seet d'CSV? Se stëmmt et net mat. Se stëmmt dergéint. Dat, mengen ech, soll d'CSV beschäftegen. Dat beschäftegt mech manner. An ech denken, ...

(Interruption par Mme Martine Hansen)

... et beschäftegt déi Leit och manner, déi mer hei entlaaschten, ...

Une voix | Mir si fir ...

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | ... a wou mer ganz kloer an eis Bildungsstrukturen investéieren, fir dann och eng Qualitéit de Kanner kënne unzibidden an eng ganzheetlech Fërderung vun de Kanner an de Strukturen, an de Maison-relaisen och domadder kënne erreechen.

Zur Kritik, an ech wëll och op déi agoen, Här President, datt mer hei nëmmen eppes géife maache fir en Deel vun der Populatioun an deenen anere ganz géife leielloossen.

Mir mussen jo awer vläicht kucken, wat fir eng aner Politicken et nach gëtt. Wat fir Politicken zum Beispill d'Regierung am Beräich vum Congé parental gemaach huet, wou mer d'Famillen ënnerstëtzt hunn, fir datt si och als Eltere kënne hir Responsabilitéit als Mamm an als Papp wouerhuelen an och emol zäitweileg doheemleiwien.

Mir mussen jo awer vläicht kucken, wat mer am Steuersystem nach ëmmer hunn a wéi mer d'Koppele besteieren, déi zu zwee schaffe ginn, par rapport, zu de Koppelen, wou nëmmen ee Revenu do ass. Ech wetten, Madamm Hansen, den Här Roth kann Iech dat eng Kéier an aller Rou erklären. A wa mer dann alles beienee leeën – mir kucken, wat mer um steierleche Plang maachen, mir kucken, wat mer um familjepolitesche Plang maachen, mir kucken, wat mer um bildungspolitesche Plang maachen –, da gesäit een, datt ee wuel eng equilibriert Politik hei mécht, an där jidderee sech och nach ëmmer kann erëmfannen.

Une voix | Très bien!

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech hunn d'Impressioun, Här President, d'Madamm Hansen wëllt mer eng Fro stellen.

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Madamm Hansen wëllt Iech eng Fro stellen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo, villmools merci. Eng ganz kuerz Fro: Wat maacht Der fir déi, déi net kënne vun de Maison-relais profitéieren – dat war genau déi Petitioun, déi hei war –, déi op Schichte schaffen? Déi kréie keng Entlaaschtung! An dat ass och eng bewost Decisioun. An do krute mer während der Petitioun hei gesot, et wär wichteg, soss kréichen déi Kanner vläicht näischt Waarmes doheim z'essen. Ech mengen, et kann een net d'Leit allgemeng ënner Verdacht stellen, déi hir Kanner elo net grad an eng Crèche ginn, datt déi de Kanner näischt doheim z'esse ginn.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Also ech weess net, ob ech jee esou eppes sollt gesot hunn.

(Brouhaha)

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Et war och d'Madamm Familljeministesche, ...

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech weess net, ob ech jee eppes ...



(Brouhaha)

... esou sollt gesot hunn.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Dat war d'Madamm Familljeministes.

**Une voix** | D'Madamm Cahen. D'Madamm Cahen huet dat gesot.

(Coups de cloche de la présidence)

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Wann dat doten awer mäi Wording war, da bréngt mer deen, wann echgelif.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | D'Madamm Cahen ...

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech wëll nach eng Kéier soen, wat ech och dee Moment gesot hunn, dass mäi Ministère schonn x-mol och mat Träger a Verbindung war, déi Strukture waren, déi ausgeriicht sollte sinn op Kanner, deenen hir Elteren op Schichte schaffen, dat awer vun deenen Träger finalement net lancéiert ginn ass, respektiv agestellt ginn ass, well offensichtlech op där anerer Säit och keen Interessi do war.

Ech wëll awer och nach eng Kéier drun erënneren, dass ech och déi Diskussioun hei net richtig verstinn. Mir schwätzen hei vun enger oppener Ganzdaagschoul, wou d'Kanner jo an d'Schoul ginn a se no der Schoul kënne an eng Maison relais goen. Dat huet jo net onbedéngt eppes domadder ze din, wou d'Elteren elo hir Nuecht verbréngen, ob se op der Schaff sinn oder ob se doheem sinn.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Ma een, dee vu 6.00 Auer ...

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Dofir solle mer, ...

**Mme Martine Hansen** (CSV) | ... u schafft, ...

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | ... vläicht net alles hei verméschen.

Dann nach ee Wuert ..., an ech verstinn, dass gesot gëtt, mir misste kucken, wéi mer d'Gemengen ënnerstëtzen, fir der steigender Nofro, déi mer jo haten an der Lescht, gerecht ze ginn. An ech mengen, et ass jo näischt, wat elo eréischt wäert geschéien, déi hate mer. Ech soen ëmmer: Déi Strukture kënne net méi wéi zu 100 % ausgelascht sinn. Wa mer lues a lues no dorun erukommen zu gewëssenen Zäiten an der Woch, da kann et net nach wäit doriwwer eraus goen. Ech denken, dass mer dat am A musse behalen. Ech denken awer och, dass d'Gemengen hei natierlech hir Responsabilitéit mussen iwwerhuelen.

Ech wëll och nach eng Kéier soen – an et ass gemaach ginn hei, wéi wann dat doten elo vum Himmel gefall kéim –: Et steet am Regierungsprogramm, dass mer d'Gratuitéit vun de Maison-relais géifen ustriewen. An dee Regierungsprogramm, deen ass jo awer eng Rei vu Joren och elo scho public. An ech denken, dass och d'Gemege sech dorobber schonn hätte kënne ariichten an ausriichten, wa se da gemengt hätten, et kéim elo e groussen Usturm.

Ech sinn d'accord mat der Analys, dass dee Plaffong schonn eng Zäitchen net méi ugepasst ginn ass. Ech mengen awer, dass et ze kuerz gräift, fir hei just iwwert d'Investitiounskäschten ze schwätzen. Ech wëll nach eng Kéier soen, dass mäi Ministère de Gemengen awer gann generéis ënnert d'Äerm gräift, ganz generéis ënnert d'Äerm gräift, wat de Fonctionnement ubelaangt, fir ze kucken, wat fir Stonne mer do mat consideréieren. Mir hu geplangte Stonnen. A wa bis zu 25 % vun deene geplangte Stonnen net

wierklech prestéiert goufen oder d'Kanner net do waren, da finanzéiert mäi Ministère se mat.

An eréischt, wann et méi wéi 25 % manner ass, dann diskutéiere mer emol nach doriwwer a kucken, ob et dann aner Grënn gëtt. Ech si gäre bereet, dass doten op ville Plazen och eng Kéier ze diskutéieren. Mee, ech denken, da kënne mer net nëmme eenzeg an aleng iwwert den Invest schwätzen a wéi de Staat dat finanzéiert. Da musse mer och iwwert de Fonctionnement schwätzen a kucken, wéi mer vläicht déi Prozentsatz do erëm e bësse méi no beienee kréien tëschent deem, wat wierklech geplangt ass u Prestatiounen a matfinanzéiert gëtt, an deem, wat da wierklech och herno genotzt gëtt vun den Elteren, grad och an enger Optik vun der Gratuitéit. Soss riskéiert dat nach méi wäit ausseren ze goen.

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Educationminister Claude Meisch. Parole après ministre fir den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Jo, ech hätt och eng kleng Fro un den Här Minister, deen hei d'Crèche an d'Maison-relais immens gelueft huet, dass vill Kanner dohinner ginn, dass se dann immens gutt ginn doduerch. Den Här Minister huet och gesot, fir dass all Kand säi Potenzial kéint ganz entwéckelen, wier et gutt, dass se an d'Crèche ginn, an d'Maison relais ginn. Ech stelle mir awer d'Fro. Ech war net an enger Crèche, ech war net an enger Maison relais. Ech mengen, déi allermeeschten heibanne waren net ...

(Brouhaha)

... an enger Crèche. Dir waart warscheinlech och net an enger Crèche. Dir waart och net an enger Maison relais. De Minister war warscheinlech och net an enger Crèche an och net an enger Maison relais.

(Brouhaha)

Ech stellen emol déi Fro un déi Leit, ...

(Coups de cloche de la présidence)

... déi net, ...

(Coups de cloche de la présidence)

... an enger Maison relais oder an enger Crèche waren: Hunn déi eppes verpasst?

**Une voix** | Jo.

**M. Fred Keup** (ADR) | Sinn déi iergendwéi elo sozial net kompetent? Konnten déi – wéi sot den Här Minister? – hiert Potenzial elo net ganz entwéckelen? Also ech froen einfach: Wéi huet den Här Minister dat gemengt? An ass en der Meinung, dass wann een doheem bei sengen Elteren ass, an engem aneren Ëmfeld, dass een do dann Nodeeler huet an der Entwécklung vun engem Potenzial?

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Keup. An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Educationminister.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Et géif mer elo Freed maachen, dorobber ze äntweren, sou wéi ech spontan géif äntweren. Ech loosse dat dann awer elo mol sinn.

(Hilarité)

Ech géif den Här Keup ...

(Brouhaha)

Ech géif den Här Keup ... Nee, ech wollt einfach just soen, dass all déi Leit, déi elo gemengt hunn, se

wësst en elo firwat esou an esou, déi hu sech bestëmmt geiert. Well et läit net dorunner, dass den Här Keup net an enger Crèche war.

**M. Fred Keup** (ADR) | Waart Dir dann dran?

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Nee.

**M. Fred Keup** (ADR) | Maja.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | An ech wëll Iech just invitéieren, Literatur ze liesen, d'Stëmm vun der Wëssenschaft ze liesen, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | ... ze kucken, wou mer kënne usetzen, fir dass déi sozial Schéier an eise Bildungswiesen dach e Stéckwäit méi no beienee ka kommen, amplaz dass se weider ausserneeget. An do gëtt de Fokus op ausserscholesch Aktivitéite geluecht. Do gëtt de Fokus op d'Klengkandbetreierung geluecht; a virun allem ebe bei Familien, wou mer wëssen, dass doheem net Mamm a Papp permanent do sinn a wou mer wëssen, dass doheem sech net permanent och esou engagéiert gëtt, wéi d'Kanner et vläicht brauchen. Mir hu Kanner, déi virun der Tële opwuessen. Mir hu Kanner, déi an d'Schoul kommen a kaum e Wuert schwätzen, well ni ee mat hinne geschwat huet. Dat ass awer eng Realitéit, déi mer och musse consideréieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | An dann, denken ech, wär et gutt fir déi Kanner, wa mer se fréi a Crèche géife kréien.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7986. Den Text steet am Document parlementaire 7986<sup>8</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7986 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass mat 35 Jo-Stëmmen bei 21 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen ugehall.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc*

*Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Félix Eischen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen).*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### Motions

Da komme mer zur Diskussioun respektiv zum Vott iwwert déi dräi Motiounen.

#### Motion 1

Wie wëllt nach dozou d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Mir hu jo schonn zum Deel den Tour gemaach vun dëser Motioun. Mir haten, wéi gesot ginn ass, eng ëffentlech Petitioun mat enger ëffentlecher Unhéierung, an där mer déi Leit och gelauschtert hunn, an där Argumenter ausgetosch gi sinn. Mir sinn eis do mat de Petitiounen net eens ginn. Mir sinn eis och politesch net eens ginn.

Ech wëll op eppes hiweisen, wat ech vläicht awer hätt solle soen, och a menger Ried – ech hunn dat vergiess –, dass mer, duerch déi Aféierung hei elo awer och en immensen administrativen Opwand ofschaffen, well während de Schoulwochen d'Kanner allegueren an de Genoss komme vun der Betreierung an och vun engem Mëttegiessen.

Wat an der Diskussioun hei ëmmer vergiess gëtt, dat ass, dass et och Kanner gëtt, déi nëmmen heiansdo müssen an eng Maison relais goen, sporadesch, vläicht nëmmen eemol an der Woch, vläicht just nëmme freides fir z'iessen an dann no der Schoul nach zwou Stonnen. Dat gëtt e bëssen an der Diskussioun vergiess. A wa mer dat heite géifen esou unhuelen, wéi et drasteet, da misste mer jo soen, dass déi Elteren, déi, sou wéi et hei steet, virtuell eppes kréien ... Da wäeren deenen hir Kanner jo einfach vun deene Strukturen ausgeschloss. Da wäeren déi Kanner diskriminéiert, well se ni kéinte goen. Dat fannen ech net gutt. Et ass wichteg, dass mer Kanner hunn, déi kënnen dohinner goen, wann hir Eltere schaffe ginn, a mer Leit hunn, déi et brauchen. Et gëtt awer och Elteren, déi hallef schaffen: Déi brauchen déi Maison relais an déi Betreierung heiansdo. An et gëtt Leit, déi brauche se vläicht nëmmen eemol de Mount.

Esou flexibel müssen eis Strukture fonctionéieren. Fir déi heiten, d'Motioun Nummer 1, on a fait le tour, wéi mer den Debat gehalen hunn: Ech proposéiere menger Fraktioun op alle Fall, déi heite Motioun net matzedroen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum. Ech ginn nach eng Kéier d'Wuert un d'Auteure vun der Motioun, d'Madamm Hansen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Ech wëll dem Här Baum just soen, dass een, deen hallef schafft, wëll ech jo net soen, dass deen net kann dovunner profitéieren. Hei steet einfach „qui ne peut ou ne veut pas profiter de la nouvelle offre“. Et steet net do, dass ee misst zu 100 % dovunner profitéieren. Also, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. Dann huet den Här Fred Keup nach d'Wuert gefrot.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo. Merci, Här President. Ech mengen awer och, dass dës Motioun ganz moderat formuléiert ass: „à élaborer une ou plusieurs mesures servant à soutenir financièrement les groupes de parents“ an esou weider. Dat ass jo awer wierklech ... Do gëtt et jo ganz vill Méiglechkeeten, déi een einfach emol kéint an d'A faassen, fir emol einfach e puer Iddien ze kréien. An da kéint ee jo nach ëmmer duerno kucken, ob een et ëmsetzt oder net. Also ech verstinn elo net direkt, wat elo hei de Problem ass mat dëser Motioun.

An ech wëll hei nach eng Kéier dervu profitéieren, fir deene Petitiounäre Merci ze soen, déi hei waren an dat ganz gutt a kloer formuléiert hunn an déi leider immens enttäuscht och hei erausgaange sinn. Immens vill Leit, déi och déi Petitioun ënnerstëtzt haten, sinn och enttäuscht vun dëser Situatioun, well et eng Ongerechtegkeet ass: Déi Leit, déi de Choix maachen, hir Kanner doheem ze erzéien, kréien näischt mat dësem Gesetz. An dat ass net richtig!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Keup. An da kritt den Här Marc Goergen d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | ... en Donneschdeg wäerte mer driwwer schwätzen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Also d'Motioun ass ...

(Interruption)

... ganz sympathesch, och en vue vun der Kommissioun. Bon, ech hat deemools scho gesot, dass déi Leit, déi an der Petitioun waren, a mengen Ae scho Recht haten an dass een och alternativ Modelle muss hunn.

Mee wat mech awer nach méi gestéiert huet, ass eeben deen Term „ne pouvant [...] pas“. Dat ass richtig, also et huet mech gestéiert, dass am Moment zum Beispill – ech hunn elo gëscht bei eis am Gemengrot gefrot – do 500 Leit op enger Waardelëscht sinn. Déi Leit géife gären an déi Maison relais kommen. Mir hunn et jo och haut matgestëmmt. Mir ginn Iech och vollkomme Recht an all Ären Ausféierungen, mee déi Leit hu keng Méiglechkeet, well se einfach zënter Joren op enger Waardelëscht hänken. An et sinn och nach aner Gemengen. Dat ass net nëmme bei eis.

D'Fro ass eeben do: Wat maache mer fir déi? Wéi kënnen mer deenen e bëssen entgéintkommen? Well déi géife jo gären deelhuelen. Déi Kanner bräuchten et och, wéi Dir et richtig erkläert hutt, mee se kommen einfach net bäi. Dass een deenen awer iergendwou kéint entgéintkommen, well déi Kanner, déi setzen do, an déi Elteren, déi hunn och nach keng aner Méiglechkeet, obwuel se wëilten.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. An da geet d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo. Am nämmlechte Sënn wéi den Här Goergen. Fir eis ass et éischter eng Saach, dass mer musse kucken, dass alleguer d'Leit kënnen dovunner profitéieren. Ech mengen, mir sinn hei op de richtige Wee gaangen, mee mir ginn nach net wäit genuch. Ech ginn elo e Beispill: Eng elengerzéiend Mamm, déi sech extra zu Esch en Appartement gelount huet, fir kënnen se Fouss schaffen ze goen, well se geduecht huet, si krit hiert Kand och do ënnerdaach, huet elo müssen en Auto kafen, fir et all Dag op Steebrécken ze bréngen, well se mam gratis ëffentlechen Transport näischt ufänke kann, e funktionéiert net. Si huet dunno och nach müssen eng Garage lounen, fir den Auto erëm eranzustellen. Dat heescht: Déi hëlt en Auto, fir op Steebrécken ze fueren, fiert erëm heem, setzt den Auto an d'Garage a geet ze Fouss schaffen.

Dat si Saachen, ech mengen, un déi denke mir vläicht net hei. Mee déi gëllt et einfach ze verbesseren. A mir ginn éischter op de Wee, dass ee soll kucken, wierklech dat ganz Netz ze verbesseren. Fir eis ass d'Gratuitéit ganz, ganz wichteg. A mir haten et och do an der Petitioun scho gesot: Déi Leit, déi vläicht och aneschtens schaffen, ... Dir hutt eis d'Antwort ginn, dass dat eeben net gefruucht huet, dass do Projete waren an et eeben net aboutéiert ass. Mee ech mengen, et muss een awer eng Léisung och fir déi fannen. Well och een, dee Schichte schafft ... Dir hutt et gesot: E Kand geet an d'Schoul. Mee wann ech mueres um 3.00 oder um 4.00 Auer aus dem Haus muss, wat maachen ech mat mengem Kand vun 3.00, 4.00 Auer un, bis et um 7.00 Auer an eng Crèche dierf goen oder an eng Betreierungsstruktur dierf goen? Ech kann et jo net gutt op de Krop hänken.

Ech mengen, dat si vläicht aner Formen, déi ee sech da muss iwwerleeën. Wann dat mat de Strukturen näischt gëtt, muss ee vläicht de Leit aneschtens ënner d'Äerm gräifen. Et gëtt och vläicht do schonn Iddien a Projeten. Mee dofir géife mir hei och éischter elo net derfir stëmmen. Mir ginn éischter op dee Wee, dass mer soen: Mir müssen nach kucken, et als Staat méi an d'ëffentlech Hand ze kréien an de Leit nach méi ze hëllefen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti.

Ech mengen, mir kënnen elo zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 1 kommen.

#### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 27 Jo-Stëmme géint 33 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Félix Eischen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusti Graas), Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

#### Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Wie wëllt nach do d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Jo. Merci, Här President. Mir hunn eis déi natierlech och ugekuckt. Hei



ass eng Berechnung, déi gemaach gëtt vun 2000 op 2021, dass den Taux misst ugepasst ginn. Et geet awer net nëmmen dann hei ëm d'Konstruktionskäschten, mee och ëm d'Ennerhaltskäschten. Ech muss Iech soen, dass mer dat doten effektiv am Moment net op der Agenda hunn an dofir géif ech och proposéieren, déi Motioun hei net ze stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum. Da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Okay. Also, pardon ... Ech sinn e bësse sproochlos grad. Engersäits gëtt akzeptéiert, datt et e Problem ass, ...

*(Interruptions)*

... mee et gëtt näischt gemaach.

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat ass ..., dat hunn ech elo verstane vun der Majoritéit. Wann ech Iech falsch verstanen hunn, pardon, mee déi Motioun hei, sou wéi se hei steet, seet eng vun deene Mesuren ... An ech mengen, datt et ganz kloer ass, datt et nach aner Indexkäschte gëtt, déi an d'Luucht gaange sinn. Doriwwer kann ee gären diskutéieren. Ech mengen, datt nach eng zweet Motioun duerno kënn, d'Motioun 3 vun der CSV, déi jo en aneren Deel wëllt indexéieren. Just, well d'CSV hei nëmmen een Deel elo wëllt indexéieren, kann ee jo net einfach soen: „Nee, mir maachen näischt, well mer drop waarden, datt mer iergendwann eng Kéier vläicht eng Wonnerléisung hu fir alles.“ Also ech sinn der Meenung, datt mer heiansdo mussen och Politik vun de klengen Schrëtt maachen an dat maachen, wat hei néideg ass.

Ganz éierlech: Wann et vun 10.000 op ... Soe mer och nach, d'CSV hätt sech geiert, soe mer nach, si hätt sech ëm 50 % geiert, da géife mer nach ëmmer vun 10.000 op 13.500 Euro eropgoen. Dat wäeren nach ëmmer 35 % méi wéi haut. Also souguer wann d'CSV ... Soe mer och nach si géife sech ëm 75 % ieren, ...

*(Interruption par M. Marc Spautz)*

... da wäere mer nach ëmmer bei 1.700 Euro.

*(Hilarité et interruptions)*

Also ganz éierlech, ...

*(Interruptions)*

... souguer wann ee sech nëmmen ëm 1 % hei géif ieren ... Et ass egal. Et muss indexéiert ginn! Hei muss een net emol driwwer nodenken. Souguer wann hei iergendwou eng Zuel vläicht falsch wär, kann een dat dote matstëmmen. An d'Regierung soll dann opgefuerdert ginn, dat ze preparéieren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. An den Här Gilles Baum wëllt direkt dorobber reagéieren.

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Merci, dass ech d'Geleeënheet kréie fir ze äntweren. Et ass virdrun ugeklungen, dass et a verschidde Gemengen Nohuelbedarf gëtt. Dat ass gesot ginn. Vlächet net nëmmen zu Péiteng. Warscheinlech och an anere Gemengen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech sinn net vu Péiteng.

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Nee, nee, Ären Noper. Ech sinn der Meenung, dass eng ganz Rei Gemengen iwwert all déi Joren – ech kucken, hei si jo och eng Rei Gemengepappen a -mammen derbäi – alleguerten hir Responsabilitéiten iwwerholl hunn. Déi hunn investéiert do dran. An déi hunn net investéiert ... An ech sinn och haut nach fest der Meenung, dass kee Buergermeeschter seet: „Ech baue lo keng Maison relais, keng Schoul a keng Spillschoul méi, well hei den Index net ugepasst ginn ass.“

**Une voix** | Dat ass dat net wouer!

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Ass dat net wouer?

**Une voix** | Nee.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Wann s de keng Sue méi hues, kanns de se net aus dem Stee schloen.

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Nee, nee. Nee, nee. Also et kann een ëmmer nëmmen dans les limites des crédits budgétaires eppes maachen. Dat ass ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Dat ass evident. Dat do ass net richtig, fir einfach ze soen: „Mir maachen et net.“

*(Brouhaha)*

Dat dréckt Projeten no hannen fir déi Gemengen, déi net esou finanzkräfteg si wéi aner.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech ginn elo ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Do si mer awer frou, dass mer hei Gemeengefinanzieren ...

**M. Fernand Etgen**, Président | ... d'Wuert weider un déi, déi et gefrot hunn, ...

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Dat do sinn déi selwecht Gemengen, Här Schaaf!

**M. Fernand Etgen**, Président | ... an dat ass d'Madamm Cecchetti.

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Dat do sinn déi selwecht Gemengen, déi, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Madamm Cecchetti huet d'Wuert gefrot.

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | ... de Kanner keng iPade wëllen zur Verfügung stellen!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Een nom aneren.

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Genau déi selwecht Gemengen.

**Une voix** | O!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | ... merci. Ech mengen, et geet och elo. Den Här President gëtt d'Wuert ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Hei freet ee sech d'Wuert an da kritt een et och.

**Une voix** | Alles gutt.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo. Also ech muss soen, ech war och elo ... Mir geet et genau wéi dem Här Clement. Ech mengen, wann een als Regierung seet: „Mir wëllen de Service gratis ubidden a mir wëssen awer scho virdrun, datt mer Waardelëschten hunn ...“ An dat läit op der Hand: Mir hunn dat a Gemengen, déi einfach immens spéit ugefaangen hunn. Déi hunn immens spéit ugefaange mat Maison-relais, also Betreierungsstrukturen, bauen. Déi hunn immens spéit ugefaange mat Precocen zur Verfügung ze stellen, d'Gebäilecheeten an esou weider an esou fort. An déi stinn natierlech elo ënner Zuchzwang. Ech mengen, mir vun der Suessemer Gemeng hunn ëmmer gesot: „Mir wëlle keng Waardelëschten.“ Mir hunn ëmmer gekuckt, datt mer sou vill Plaz haten, wéi Kanner do waren, respektiv wéi Leit Plaz gebraucht hunn. Dat war e politesche Choix.

Ech wëll awer soen, wann dat hei awer zwëschen 2000 an 2021 ... Wann hei awer steet, datt dat net ugepasst ginn ass, déi Indexéierung, datt dat plafonéiert ass, da verstinn ech awer och, datt d'Gemengen, déi wierklech déi zwee Enner net zesummekréien, sech schwéierdinn. A mir géife souguer nach méi wäit goen. Mir

géife soen, datt de Staat wierklech sech misst mat all deene Gemengen a Verbindung setzen a wierklech contraignant seng Hëllef ubidden, an dat och um logistesche Plang, well mir haten hei elo nach rieds dovun, datt et och Gemenge gëtt, déi, wa se sech net an engem Syndikat zesummegedoen hunn, dat emol guer net kënnen, well se kleng sinn, well se vlächet net den Knowhow hunn. An do, mengen ech, wier et awer wierklech um Staat ze hëllefen. An ech mengen, wien A seet, misst och B soen. A wann ee seet: „Gratuité! Mir wëllen, datt all Kand“ – all Kand! – „dovun ka profitéieren, all Elterendeel“, wier dat hei awer eng Motioun, déi ee misst stëmmen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Dann hat den Här Dan Kersch d'Wuert gefrot.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Et huet sech erleedegt, Här President.

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Da geet d'Wuert un den Här Minister, deen d'Wuert gefrot hat, fir dorobber ze reagéieren.

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Jo. Ech wëll drun erënneren, datt mer hei vun enger Mission facultative vun de Gemenge schwätzen. Falls een dat also wëllt änneren, da muss een doriwwer schwätzen, ob dat zu enger Mission obligatoire vun de Gemenge géif ginn oder ob et zu enger staatlecher Missioun géif ginn. Ech mengen net, datt et bis elo d'Volontéit war, dat grondsätzlech a Fro ze stellen, datt mer e Secteur wéi deen doten esou gereegelt hunn.

Ech wëll also, wann et eng Mission facultative ass vun de Gemengen, nach eng Kéier soen, datt wann et net genuch Plaze gëtt, et da fir d'alleréisch emol d'Responsabilitéit vun där Gemeng ass, ëm déi et hei geet, wou een also keng Plaz huet, ze kucken, datt een eppes mécht. Ech war selwer laang genuch an där Situatioun. Dann huet ee politesch Prioritéite gesat. Dat dauert dann natierlech och heiansdo. Et muss een och Prioritéite setze fir ze kucken, datt een déi Capacitéit dann och geschafe kritt. A meeschtens ass et esou: Et huet een et grad ageweit an et stellt ee fest, datt een eigentlech scho vill méi grouss hätt kënnen bauen, wéi geduecht. An et huet een direkt deen nächste Projet an Ugrëff geholl.

Ech hu virdru gesot, Dir Dammen an Dir Hären, datt ech schonn der Meenung sinn, datt een iwwert dee Plaffong vun 10.000 Euro pro Stull, wat da fir e Kand geduecht ass, ka schwätzen, well dee laang Zäit net ugepasst ginn ass. Ech wëll awer drun erënneren, datt mer e scho gehuewen hunn op 12.500 Euro. Mee wann een integréiert baut, wann een also ee Volume baut, dee souwuel fir Schoul wéi fir Maison relais geduecht ass, fir d'Gemengen och an déi Richtung ze incitéieren ze plangen an ze goen, do fënnt ee jo och aner Synergien.

Ech denken, all Gemengemamm an all Gemengepapp, déi heibanne sinn, déi wëssen, datt een net nëmmen da finanziell dervunner profitéiert, well ee méi een héijen Taux als Plaffong kritt, deen de Staat bäileet, mee einfach och Raimlechkeete schafft, déi och méi Leeschtung bréngen a wou jiddereen, souwuel d'Acteure vun der Schoul wéi och déi vun der Maison relais kënnen vill méi vun deene Raimlechkeete profitéieren, vill méi aus deem Invest, dee getäget ginn ass vun der Gemeng mat der Hëllef vum Staat, erauszéien. Dofir encouragéieren ech eigentlech dann och, an déi dote Richtung ze goen.

Netdestotrotz wäere mer awer bereet, doriwwer eng Kéier an aller Rou a vlächet och net hei an der Hetz

vun enger Chambersdebatt ze diskutéieren. Ech plädéieren awer nach eng Kéier derfir, datt et ee Volet gëtt: Dat ass den Invest. An dat anert, dat ass en anere Volet: Dat ass de Fonctionnement. An Dir wësst, datt d'Gemengen hei massiv ënnerstëtzt ginn: zu 75 %. Et huet de Mëtteg nach keen hei ënnerstrach, datt d'Regierung, de Staat higeet an zu 75 % den Defizit vun deene Strukturen do deckt, an datt mer elo nach emol higinn an, well d'Eltere jo näischt méi bezuelen a well deen Defizit da jo méi grouss gëtt, datt integral och iwwerhuelen. Dat huet de Mëtteg hei kee gesot: datt mer also net hei eppes maachen, dat finalmente zu Laaschte vun de Gemengen ass, mee datt mer kucken, datt d'Gemengen net méi schlecht gestallt ginn duerch déi Decisioun, déi mer haut de Mëtteg hei huelen.

Et gëtt eng Rei vun anere Mechanismen, déi een da gläichzäitig do muss analyséieren. Virun allem d'Verhältnis tëscht den Heures planifiées an den Heures réellement prestées, datt do keng Schéier auserneegeet. Wann een en bon père de famille oder bonne mère de famille, als Gemengemamm, dat dote wëilt geréieren, mengen ech, misst dat den Interêt vun eis alleguerter sinn, datt mer kucken, datt mer herno net ze vill Geld fir eidel Chaisen doruechter bezuelen, grad wann et fir deen, deen Notzer ass, fir d'Elteren an hir Kanner, näischt méi kascht. Dat hätt ech da gären och op den Dësch geluecht an enger Diskussioun dat och diskutéiert. Woubäi ech wëll soen, datt op Regierungsniveau datt dote just duerch meng Keess eng Kéier transitéiert. Et kënnt vum Finanzministère. An et concernéiert och nach den Inneministère, deen natierlech och hei mat concernéiert ass, well e grad bei integréierte Projeten och dee Volet vu Schoul mat subventionéiert, mee awer och, wann et ëm Gemengesubventionen a Gemegefinanze geet – an et schéngt jo offensichtlech elo hei dorëms ze goen an net primär ëm d'Wuel vun de Kanner – dann dee Ministère och deen éischten ass, deen an der Linn steet.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Meisch. Dann hat den Här Fred Keup d'Wuert gefrot.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Et ass villes scho gesot ginn. Ech wollt awer nach op eppes hei agoen, wat mech awer elo e bësse gewonnert huet. Dat ass: Den Här Baum, deen huet sech hei, wéi d'Motioun zur Sprouch kout, am Fong strikt dergéint ausgeschwat. D'Argument, fir dergéint ze sinn, hunn ech elo net richtig matkritt, mee bon, en huet sech strikt dergéint ausgeschwat.

Par konter huet de Minister awer elo eng Dier opgemaach a gesot: „Jo, dat kéint een awer emol à tête reposée eng Kéier diskutéieren“. En huet am Fong eng Dier opgemaach. An duerfir géif ech dann awer vläicht och d'Regierungsparteien invitéieren, fir dës Motioun hei matzestëmmen, well dat ass jo nach eppes, dat guer net verpflichtend ass, mee dat einfach freet, fir dee Plaffong ze adaptéieren. Do kann ee jo nach dru spillen, ob dat elo vill wäert sinn oder manner wäert sinn, an da kann een dat à tête reposée, an aller Rou, diskutéieren an och decidéieren. Voilà!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Keup. Dann hat den Här Dan Biancalana d'Wuert gefrot.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Hei ass jo d'Ouverture gemaach ginn, fir Diskussioun net aus dem Wee ze goen. Dofir géif ech vläicht proposéieren, dass mer déi heite Motioun, wann d'CSV domat averstan ass, an eng Jointe huelen, Educatioun, ...

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Nee. Nee. Nee. Mir stëmmen dergéint.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Natierlech ... ech sinn nach net fäerdeg ..., dergéint stëmmen, mee se an

eng Jointe ze huelen an och ze diskutéieren iwwert d'Investissementsfrais, déi de Gemengen zulaascht kommen, iwwert d'Dekonten an awer och iwwert d'Frais de fonctionnement. Dat si jo zwee Parametere, mat deenen d'Gemengen ëmmer konfrontéiert sinn, wa se Maison-relais bauen, respektiv wann d'Maison-relais bis funktionéieren, wa se deementsprechend Personal hunn, souwuel an hirem Budget wéi och herno am Kader vun den Dekonten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Biancalana. Ech ginn dann d'Wuert un d'Auteure vun der Motioun, d'Madamm Martine Hansen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo, fir d'éischt nach eng Kéier als Reaktioun op den Här Baum, dee seet, och d'Ennerhaltskäscht wäert méi deier ginn. Also ech sinn och derfir. Ech kann och nach d'Ennerhaltskäscht hei bäisetzen, datt déi och nach mussen adaptéiert ginn.

Dann dat Zweet: Déi Zuelen, déi komme vum Avis vum Syvicol. An ech denken, datt dee se berechent huet. Et ass net d'CSV-Fraktioun, déi se berechent huet, mee déi kommen aus dem Avis zu dësem Projet de loi vum Syvicol.

(Interruption)

An dat Drëtt ass: ...

(Interruption)

... wann d'Majoritéit sech Chancégerechtkeet op den Hutt schreift, da misst se u sech dat heite maachen, well mir hu Gemengen, déi hunn definitiv keng Suen an der Reserv a mir hu Gemengen, déi hunn immens vill Suen an der Reserv. An déi Gemenge mat immens vill Suen an der Reserv, deenen ass et och egal, wa se net vill Bähëllef kréien. An déi aner Gemenge kréien dat net hin. An hei geet et ganz einfach drëm, ... Et war jo am Joer 2000 awer decidéiert ginn, datt de Staat géif eng Bähëllef ginn, an dunn huet d'Plaz eeben nach net esou vill kascht, du waren déi 10.000 Euro relativ vill fir d'Plaz. An elo sinn et nach ëmmer 10.000 Euro, just de Präis ass ëm 70 % gestiegen. Dat heescht, mer brauchen do eng Adaptatioun.

Ech sinn dann awer averstanen – ech weess net, ob se soss ofgeleent gëtt –, fir se an d'Kommissioun ze huelen an ech hoffen, datt ech dës Kéier da positiv iwwerrascht ginn, ...

(Interruption)

... well déi lescht Kéier war ech wierklech fierchterlech enttäuscht, wéi mer esou eng an d'Kommissioun geholl haten, well dunn, mengen ech, war se mol net richtig gelies ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. Wien d'accord ass fir dës Motioun an ...

**Plusieurs voix** | Nee. Nee.

(Interruptions)

**M. Fernand Etgen**, Président | ... d'Kommissioun ...

(Interruptions)

**Une voix** | Nee. Nee.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | D'Thematik huele mer an d'Kommissioun, mee ech hu gesot: Mir stëmmen hei dergéint.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Mir huelen d'Thematik ...

(Brouhaha)

... awer an d'Kommissioun. Ech mengen, ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Wat eng Spillschoul!

(Brouhaha général)

**M. Fernand Etgen**, Président | Da komme mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 2.

**Vote sur la motion 2**

De Vott fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 2 ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Félix Eischen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaß, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

**Motion 3**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3.

Wie wëllt nach do d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Mir hunn de Mëtte mat – wann ech richtig matgezielt hunn – 35 Stëmme an Projet de loi hei gestëmmt, deen d'Quantitéit vun de Mëttegiess wärend de Schoulwoche festleet. Et ass och esou – den Här Minister huet et nach eng Kéier gesot –, dass effektiv och en neie Berechnungsmodus kënnt par rapport zu de Gemengen an dem Staat, wat elo den Defizit ueget. An hei géif dofir zu dësem Moment proposéieren, déi heite Motioun och net ze stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum. Et ass keng weider Wuertmeldung do.

Da kënnen mer zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 3 kommen.

**Vote sur la motion 3**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 3 ass bei 27 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme an 2 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Octavie*



Modert), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Félix Eischen), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydia Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

## 8. 7999 – Projet de loi visant à mettre en place un régime d'aides sous forme de garanties en faveur de l'économie luxembourgeoise à la suite de l'agression de la Russie contre l'Ukraine

Mir kommen elo zum Projet de loi 7999 iwwert d'Aféierung vun enger temporärer Bähëllef fir Betriber, déi weinst der russescher Aggressioun géint d'Ukrain mat finanzielle Schwieregkeete kéinte konfrontéiert ginn. An ech géif d'Wuert un de Rapporteur vun deem Projet de loi ginn, den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat deem Gesetzesprojet, em den et also elo hei geet, setze mer eng weider Moosnam aus dem Solidaritéitspak em, den d'Regierung mat de Sozialpartner den 31. Mäerz dëst Joer ënnerschriwwen hat.

De Solidaritéitspak gesäit bekanntlech eng ganz Rei Moosname vir, fir d'Betriber an dësen dach schwierigen Zäiten ze ënnerstëtzen an d'Auswierkung vum Krich an der Ukrain ofzefiedere. Dë a aussergewöhnlech Präissteigerungen beim Stéou a beim Gas bréngen eng bedeitend Belaaschtung fir eng ganz Partie vun Entreprisë mat sech. Derbäi komme bekannterweis Liwwerenkpäss, Ënnerbriechungen also vu Liwwerketten, grad wéi eng Baisse vun der Demande fir gewësse Produkter. Dat alles féiert derzou, dat vill Betriber Schwieregkeeten hunn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, wouduerch net zulescht och eng Partie Aarbechtsplazen um Spill stinn.

Mat deem Gesetzesprojet solle virop déi Betriber ënnert d'Äerm gegräff kréien, déi e ganz héije Besoin u Liquiditéiten hunn. D'Zil ass et, sécherzestellen, dass déi betraffe Betriber weiderhin déi néideg Prête vun de Banke kréien, fir hirer üblecher Aktivitéit kënnen nozegoen.

Den Aideregimm a Form vu staatleche Garantien, dee mer mat deem Gesetzesprojet schafen, inspiréiert sech – Dir kéint Iech erënneren – un de Garantien, déi d'Chamber schonn am Kader vun der Pandemie gestëmmt hat. Dëse Regimm ass, wéi mer wëssen, Enn 2021 ausgelaf.

Wéi genee gesäit deen neie Regimm vu staatleche Garantien elo aus, em den et hei geet, a wat beinhalt e genee? D'Prête, déi d'Entreprises ufroe kënnen, dierfe maximal sechs Joer lafen. De Montant vum Prêt dierf net méi héich si wéi 15 % vum Duerchschnitt vum Émsaz, also vum Chiffre d'affaires vun de leschten dräi Joer oder 50 % vun den Energiekäschte vun de leschten zwielef Méint. Déi staatlech Garantien kënnen maximal 90 % vum Prêt ofdecken.

Duerch d'Pandemie sinn, wéi scho gesot, eng ganz Rei Betriber a Schwieregkeete geroden, vun deene sech déi mannst, kann ee soen, wirklech erholl hunn, zumindest weinst dem Krich, mat deem mer elo ze dinn hunn. Aus deem Grond kënnen déi betraffe Betriber, déi, wéi gesot, den ëmmer a finanzielle Schwieregkeete stiechen, ënner gewëssene Bedéngungen trotzdeem an de Genoss vu staatleche Garantien kommen. Och Betriber, déi scho während der Pandemie vun enger staatlecher Garantie profitéiert hunn, kënnen e garantéierte Prêt ufroen. Déi Entreprises allerdéngs, déi vu Sanktiounen betraff sinn, sinn natierlech vun dëse staatleche Garantien ausgeschlossen. Dat versteet sech vum selwen.

Wat d'Kompatibilitéit mam europäesche Recht an dëser Matière betrëfft, sou fällt de Garantiegimm ënnert de sougenannten Encadrement temporaire de crise, den déi Europäesch Kommissioun den 23. Mäerz ugeholl huet an den d'Konditiounen definéiert, no deenen d'Memberstaaten Hëllef kënnen decidéieren, fir hirer respektiver nationaler Wirtschaft ze hëllefen, hir also ënnert d'Äerm ze gräifen.

An deem Kader sief nach preziséiert, dat d'Kommissioun och scho gréng Luucht ginn huet fir dës Aiden.

De gesamte Budget fir dës Garantien beleef sech op 500 Milliounen Euro.

Här President, an hirem Avis vum 3. Mee begréisst d'Handwierkerkummer ausdrécklech d'Moosname vun deem Gesetzesprojet a besonnesch och d'Tat-saach, dass jonk Betriber grad wéi Betriber, déi duerch d'Pandemie nach a Schwieregkeete sinn, och vun de staatleche Garantien profitéieren kënnen.

Och d'Handelskummer ënnerstëtzt an hirem Avis vum 3. Mee dëse Gesetzesprojet, quité dass si fuerdert, dat d'Notioun vun engem Betrib a Schwieregkeeten – fir dat emol op Lëtzebuerg ze formuléieren –, also enger Entreprise en difficulté, méi genee definéiert soll ginn.

Dann d'Salariatskummer, d'Chambre des Salariés, gesäit an hirem Avis vum 17. Mee de Regimm vun de staatleche Garantien prinzipiell positiv, mee si bedauert awer, dass keng sozial Krittäre virgesi sinn.

A sengem Avis vum 30. Juni hat de Staatsrot eng formell Oppositioun formuléiert. De Staatsrot war nämlech der Meenung, dass d'Formuléierung, ech zitieren: „non-conformité avec la présente loi“ am Artikel 8 Paragraf 1 ze vag wier, vu dass quasi all Akt oder Verhalen dorënner ka falen oder kéint falen.

Déi héich Kierperschaft huet donieft gefuerdert, dass eng véiert Kategorie vu Betriber, déi vun de staatleche Garantien ausgeschloss sinn, agefouert gëtt. Dës Kategorie ëmfaasst déi Betriber, vun deenen d'Patrone géint d'Dispositiounen, géint d'Schwaarz-aarbecht, den Travail au noir, verstouss hunn.

Fir all weider Detailer, verweisen ech op mäi schrëfteleche Rapport. An dat gesot, soen ech Iech Merci fir Är Opmierksamkeit an d'Nolauschten a ginn dann och heimat den Accord vun der DP-Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Bauler.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar. Den Här Mosar huet d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech wëll och ufänke mat deem traditionelle Merci un eisen exzellente Rapporteur, den eis nach eng Kéier déi Hëllef do erkläert huet.

Mir wäerten och dee Projet stëmmen, well besonnesch an den aktuellen Zäiten all Zort vun Hëllef, déi u Betriber ginn, bienvenue sinn. An och besonnesch an där aktueller Situatioun, wou sech eng Rei Krisen openeen stapelen, sinn dës Hëllef ëmsou méi wichteg.

Ech wollt awer zwou Froen un den zoustännege Minister stellen. Déi Éischt ass, wat d'Konditiounen si vun deene Prête. Et ass jo esou, dat déi Betriber bei hir jeeweileg Banke ginn an do déi Prête da kontraktéieren an dann de Staat déi Staatsgarantie iwwerhëlt. An do hate mer schonn e puermol och eng Diskussioun iwwert déi Kommissiounen, déi do matverrechen ginn, well dat anscheinend och eng Konditioun vun der Europäescher Kommissioun ass. Ech wollt do nach eng Kéier de Wirtschaftsminister froen, dat en eis vläicht och nach eng Kéier kéint genau erklären, wéi dat geet.

An dann ass och einfach d'Fro, vu dat mer awer am Moment an enger Situatioun sinn, wou d'Zësen no uewe ginn an och relativ rapid bougéieren, ob et net vläicht och interessant gewiescht wär, wann de Staat, de Ministère de l'Économie, vläicht och generell mat enger oder méi Banken iwwert déi Zënskonditiounen vläicht verhandelt hätt, déi déi Entreprises do kéinte kréien. Et ass also, wéi gesot, einfach eng Fro, wou ech frou wär, wann de Minister kéint drop äntweren.

Eng zweet Fro, déi eis ... Elo an de leschten Deeg ass eis do vu Fäll geschwat ginn, dat ass nach am Kader vum Garantiegesetz vum Covid, dat do anscheinend Leit, déi Problemer gehat hätt mam Remboursement vum Kredit, op eemol hir privat Propriétéité saiséiert kritt hunn an dat net vir drun e Recours op d'Staatsgarantie geholl gi wier. Dat ass eppes, wann et da richtig wier, wat trotzdeem eng Rei vu Froen opwerft. Ech wollt einfach hei, am Numm vu Kolleegen, déi och déi Informatiounen do kritt hunn, de Minister dorobber interpelléieren. A wann en eis elo net direkt vläicht kéint eng Äntwert ginn, da kéint en dat vläicht nokucken. Well dat ka jo net Sënn an Zweck vun deene Garantien do sinn.

Dat gesot, ginn ech, wéi gesot, den Accord vun der CSV-Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Yves Cruchten, dee scho prettsteet.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. An och villmools merci, Här Bauler, fir Äre gudden Rapport.

Aussergewöhnlech Zäite verlangen och aussergewöhnlech Moosnamen. Allerdéngs kéint een a leschter Zäit den Androck kréien, dass mer aus den aussergewöhnlechen Zäiten net méi erauskommen.

### (Interruption)

Dëst weist sech och um Beispill vun deem Gesetz, wou mir quasi e Regimm u staatleche Garantien nach eemol iwwerhuelen, déi mer esou oder esou änlech scho während der Covidpandemie ëmgesat haten.

Well déi wirtschaftlech Nowéie vun der Pandemie sécherlech nach net fir all Entreprise ofgeschloss sinn, begrësse mir als LSAP, dass déi staatlech Garantie,

am Kader vun dësem Gesetzesprojet, ënner Konditione mat der staatlecher Garantie aus dem Gesetz vum 18. Abrëll 2020 kaumuléiert ginn.

De But vun dësem Gesetzesprojet ass jo eigentlech en duebelen. Engersäits d'Liquiditéit vun den Entrepreneuren erhalen, andeems de Fonds de roulement ka mat engem Prêt gespeist ginn, an anersäits déi néideg privat Investissementer sécheren, déi d'Entreprise ouni de staatlech garantierte Prêt warscheinlech net méi maache kéint.

Mir wëllen als LSAP eng innovativ Economie, déi den technologesche Fortschritt als Opportunitéit notze kann. Fir dëst Zil ze erreechen, muss eis Economie zu all Ament déi néideg Liquiditéit behalen. Dofir ass dëse Gesetzesprojet sou fundamental. An dofir fënnt en och eis voll Ënnerstëtzung.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Cruchten. An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, natierlech fënnt dëse Projet de loi och eis Ënnerstëtzung als Deel vun der Tripartite, déi jo glécklech zu Enn gefouert konnt ginn. E fënnt eis Zoustëmmung notamment aus dräi Grënn, déi ech ganz kuerz wëilt erklären.

Dir wësst et alleguer: No der Pandemie ass et eebe grad elo ganz wichteg, datt d'Betriben déi néideg Liquiditéiten an awer och déi néideg Garantien hunn, eebe grad fir ze investéieren; wuel wëssend, an dat hu mer an der Kommissioun méi oft diskutéiert, datt vill Betriben an der Pandemie gelidden hunn an do duerch eeben elo d'Situatioun virläit, datt se sech net méi un effentleche Marchéer bedeelegen. Dat huet grav Konsequenze fir d'Gemengen a fir de Staat, well vill Projeten a Verzuch geroden oder eeben net méi realiséiert ginn, ganz einfach well d'Betriben net méi gutt genuch opgestallt sinn, fir deelzehuelen u grouse Projeten. Dat ass deen éischte wichtige Grond, wuel wëssend, dass den Impakt vun der Kris a vum Krich an der Ukrain natierlech elo d'Situatioun net verbessert, mee weiderhi verschlechtert.

Den zweete Grond ass natierlech deen, an dat muss ee bedenken, datt d'Betriben grad an dësen Zäiten och um Niveau vun der Energietransitioun mussen aktiv ginn, datt se d'Produktioun generell méi nohaltig mussen ausrichten. An och dat geet net ouni Invest. Et muss investéiert ginn, wann een op dee Wee wëllt goen. An dofir si mer der Meinung, dass et dee richteg Wee ass, se ze begleeten a se net am Wand stoen ze loosse. Well nëmmen zesummen erreeche mer d'Zil vun de Klimaziler, déi mer eis och gesat hunn.

Drëttens, an dat ass fir eis net onweesentlech, bedeit d'Ënnerstëtzung vun de Betriben natierlech och e Schutz vun Aarbechtsplazen an enger ekonomesch schwieeger Zäit an enger Zäit vu wuessender Aarmut. Och dat dierf an den Diskussiounen ronderëm d'Ënnerstëtzung vun de Betriben net vergiess ginn. An dofir soll een d'Betriben an d'Salariéen net géinteneen ausspillen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Et muss ee se zesumme staark maachen. An dat war vun Ufank un d'Zil vun der Tripartite. A fir dat Zil ze erreechen, brauche mer Moossname wéi dës a vill aner.

An dofir nach eng Kéier: Dëse Projet kritt eis Ënnerstëtzung natierlech mat engem Merci un de Reporter André Bauler, deem seng Gedanke vu ville Leit heibanne gedeelt ginn. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da geet d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här Präsident, villmools merci. Vlächcht och ganz kuerz, ech wëilt och dem Här Bauler villmools Merci soe fir e ganz gudden technesche Rapport, deen en eis gemaach huet.

Ech wëlt e puer Kommentare maachen iwwert deen allgemengen ekonomeschen a politeschen Kontext, well mir hu jo elo eng Situatioun, wou eng ganz Rei ekonomesch Problemer zesummekommen; Scholden a sou Problemer, déi mer nach aus der Covidkris haten, an aner, déi elo mat der Ukrain zesummenhängen, och mat der Sanktiounspolitik. An ech wëlt vlächcht dofir e puer Wuert soen, well ech mengen, mir müssen – a mir sinn de Leit et schëlleg, mir sinn den Entrepreneuren et schëlleg –, déi aktuell Situatioun komplett realistesch, oppen an éierlech diskutéieren.

Wou si mer dann drun? Mir hunn eng Rei vu Sanktiounen geholl. An d'Iddi dovunner war, fir de Krich an der Ukrain op e séiert Enn ze bréngen, doduerch, wéi gesot gouf, datt mer Russland an d'Knéien zwéngen. Haut gesi mer, wou mer dru sinn: Déi russesch Arméi erreecht hir Krichsziler an der Ukrain Schrëtt fir Schrëtt. Den Effekt ass also null. Russland ass och net an d'Knéien gaangen.

A mir haten als ADR och virun esou enger Politik gewarnt, well mer gesot hunn: D'Erfahrung weist, datt grouss Länner duerch Sanktiounen net kënnen zu engem Politikwiesel bruecht ginn. Mir haten d'Beispiell Iran bruecht. Elo gesi mer et um Beispiell Russland. Et ass eng Politik, déi eng ganz Rei Nodeeler mat sech bréngt. Och eventuell Géigesanktiounen, op déi mer kënnen kommen. Ouni – ouni! –, an dat ass dat Wichtigst, déi gewënschten Ziler kënnen ze erreechen.

An da loosse mer emol kucken, wat dann elo den Effekt ass, mat deem mer elo ze kämpfen hunn. Mir hunn éischters mat enger staarker Inflation zu kämpfen. An ech erënnere just un déi Diskussioun, déi mer hei haten, ëm d'Tripartite, ëm den Index. A mir hunn dat op Staatskäschen elo iwwerholl. Mee mir kënnen dat jo bei där Verscholdung, déi mer hunn, net éiweg esou weiderbréngen. Dat heescht: Mir hunn e groussen, grouse Problem vun Inflation, vun deem d'Leit direkt betraff sinn.

Mir hunn an der Economie, an dat weisen all Ëmfroen, e Réckgang vum Vertraue vun den Entrepreneuren. An de Spektrum vun der Rezessioun, deen ass net méi auszuschléissen.

Mir hunn op jidde Fall och e Verfall vun eiser Währung. Haut ass den Euro ënnert den Dollar gaangen. Dat ass deen déifste Cours säit iwwer 20 Joer. Och dat ass eng batter Realitéit, déi och enorm Konsequenzen op eis Economie huet.

Dann där Saachen nach. Ech mengen, ech wëll elo net alles hei opzielen, mee mir sinn an enger déiwer ... Mir risquéieren, an eng ganz déif Kris ze kommen. Mir sinn op engem Kippunkt am Abléck ukomm, wou mer mat deene Problemer musse rechnen.

Wat d'Leit an d'Entrepreneuren ugeet, déi vum Gas ofhängeg sinn, muss een einfach gesinn, datt elo schonn d'Diskussiounen ufänken: Wie kann nach hëtzen, wann et wierklech zu weidere Restriktiounen kënnt? Wou setze mer d'Prioritéiten? Wou ass dee Plan de délestage effektiv nach ubruecht oder net? Wéi wäit kann e goen? Also alles dat si Problemer, déi net aus der Loft gegräff sinn, mee dat si politesch Problemer, mat deene mer eis eventuell an deenen nächste Méint direkt konfrontéiert gesinn an da mussen Äntwerte fannen.

Och fir aner Länner op der Welt huet déi Sanktiounspolitik mat hire Repercussiounen a sou weider ganz gravéierend Konsequenzen. An diplomatesch muss een och einfach ënnersträichen, datt déi westlech Staate weltwäit éischter an der Minoritéit sinn an dëser Politik wéi an enger Majoritéit.

Den Dollar gëtt och a Fro gestallt als déi wichtigst Währung op der Welt, well de Yuan an dëser Situatioun awer relativ séier u Consideratioun an un Importenzen gewënnt.

Dat ass einfach d'Situatioun. An ech mengen, mir musse fir déi Problemer, mat deene mer elo konfrontéiert ginn – dat ass einfach esou –, Léisunge fannen. A mir mussen och kapabel sinn, déi Politik a Fro ze stellen, déi mer elo maachen. Well wann ech se wëlt resuméieren, géif ech soen: „null Effekt a schrecklech Konsequenzen.“

Dat gesot, ënnerstëtze mir selbstverständlech d'Hëllef fir Entrepreneuren mat, egal elo a wéi enger Form an esou weider. Et kann een dat laang diskutéieren. Den Här Bauler huet eis jo elo eng schonn erklärt. Eng zweet kënnt gläich no. Dat ënnerstëtze mir mat. Mee mir hunn e grundsätzlechen politeschen an ekonomeschen Problem, deem seng Importenzen, deem seng Gréisst, deem seng Geforen all Dag wuessen. An ech mengen, dat ass déi Eerausforderung, virun där mer stinn. Maache mer esou weider oder iwwerdenke mer dat, wat mer elo ugefaangen hunn?

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert direkt weider un d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, Här Präsident, als Alleréisch emol e grouse Merci fir deen exzellente mëndlechen a schrëftlechen Rapport.

Mir sinn am Prinzip averstane mat dësem Projet de loi, mee wéi scho bei de Covidaidé wäerte mir eis hei enthalten, well eebe praktesch keng Géigeleeschtinge vun den Entrepreneuren, wat d'Erhale vun den Aarbechtsplazen ugeet, domadder a Verbindung stinn. Dat ass jo och d'Kritik vun der CSL.

An da wollte mir och ganz kuerz opgräifen, wat d'CSL och an hirem Avis gesot huet, nämlech datt een och misst nodenken iwwer Staatsgarantië bei de Menagen, déi duerch d'Immobiliekreditter elo eventuell och d'Enner net méi wäerte beieneekréien. Zumindest wier dat vlächcht an enger Kommissioun mol eng Diskussioun einfach wäert, fir sech och domadder ausenanesetzen. Well mir mengen, et gëtt nach béis fir verschidde jonk Stéit, déi e Kredit opgehall hunn an déi elo vlächcht immens héich Zënse musse bezuelen, wou se et herno einfach net méi packen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här Präsident. Dat heiten ass – et ass scho gesot ginn – en Deel vun den Tripartite-Accorden, datt mer den Entrepreneuren hëllef, déi weinst den Energiekäschen d'Enner net méi beieneekréien. An ech mengen, datt et immens wichteg ass, datt mer grad a Krisenzäiten de Betriben Sécherheet ginn. Sécherheet, déi een an deem heite Fall duerch eng staatlech Ofsécherung vu Prête ka ginn. Ech mengen, datt dat déi richteg Balance ass zwëschen direkten Aiden, déi sécherlech punktuell och néideg sinn an och a Zukunft nach wäerte sinn, an eeben hei als zweeten Outil, als weideren Outil, deen u sech och nach kann eng Ofsécherung ginn, wann een dann dat brauch.



Et geet hei tatsächlich em Energie. Ee klunge Bemoll – ech wäert dat och haut nach eng Kéier soen – ass natierlech, datt mer hei wierklech de Status quo ënnerstëtzen. Mee mir wëssen alleguerten: D'Betriber kënnen net vun haut op muer eng energiegesch Transition maachen. Et wär awer ze hoffen, datt déi Betriber, déi vun deenen heiten Aidë profitéiere mussen, profitéiere wäerten, dat och als Usporn huelen, fir sech energiegesch ze sanéieren, fir eventuell an Zukunft net méi ofhängeg ze si vu fossillen Energiestoffer. Well genau déi hunn eis eeben an déi heite Situatioun bruecht.

Mee ech verstinn awer och, datt dat net an dësem Projet ka sinn. An dofir gi mir eisen Accord.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement. D'Regierung ... Nee, den Här Bauler freet nach eng Kéier d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Ech wollt dat just a mengem Nom personnel soen, well ech dat net mam Rapport wollt vermischen: Dat hei ass effektiv e ganz wichteg Instrument. Ech ginn e bëssen op eppes an, wat den Här Mosar gesot hat. Hien hat gesot, dass mer während der Pandemie jo déi Prêts garantis par l'État haten, déi Formule. Ech hunn elo keng genee Chifferen am Kapp, mee mir haten och festgestallt, datt dat Instrument recht weineg genotzt ginn ass. Warscheinlech och, well éischters speziell Konditiounen dru gebonne sinn an anerersäits och deen do Prêt, déi do Form vu Prêt méi deier ass wéi e reguläre kommerzielle Prêt.

Dat gesot, wollt ech just de Minister bieten, wann en herno intervenéiert, eis vläicht seng Meinung matzedeelen, wéi hien dat Ganz antizipéiert. Well ech kéint mer virstellen, dass an dëser Situatioun vun Energieknappheet a Verdeierung vun der Energie bei dëser Formule warscheinlech méi Betriber a Fro kommen an och méi Betriber riskéieren, dovunner ze profitéieren.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Bauler.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir d'éischt och e grouse Merci un den André Bauler fir säi ganz exzellente a komplette Rapport.

Et ass wichteg, dass dat heiten en fait eng Reeditioun ass vun deem Instrument, wat mer während dem Covid-19 schonn agefouert haten. Garantien, fir Prête ze ginn un Entreprises, déi a Schwierigkeete geroode si weinst dem Krich an der Ukrain, weinst deenen héijen Energiepräisser, weinst der Inflation, weinst de Liwwerenkpäss. Alles dat ass gesot ginn. Alles dat ass richtig. Dëst Gesetz setzt eemol méi op d'Stärkt vun eiser Bankeplaz, vun eise Banken. Dat hei ass wierklech och eng Hëllef vun de Banken, vum Bankesecteur un d'Realeconomie, alles incitéiert natierlech duerch déi Staatsgarantien, déi mer mat dësem Gesetz u sech reaktivéieren. Dat ass dee selwechte Mechanismus wéi deen, dee mer scho beim Covid-19 haten.

Et sinn hei u sech d'Banken, déi normal kommerziell Prête ginn un d'Betriber, mee eebe mat enger Staatsgarantie. An dofir och d'Äntwert op eng vun de Froe vum Laurent Mosar: Bon, wéi geet dat? Majo d'Bank bezilt d'Primm fir déi Garantie. D'Banke mussen natierlech keng Staatsgarantie fuerderen. Mee wann de Prêt méi riskéiert ass eebe weinst deene Schwierigkeeten, déi e Betrib huet, da ka se hei vun dëser

Garantie beneficiéieren, mee da muss se eeben eng Kommissioun bezuelen. Dat ass eng Exigenz vun deem europäesche Kader. An, bon, déi Kommissioun sinn natierlech esou strukturéiert, dass se akzeptabel sinn an och proportionéiert sinn.

Bei den Zënse ass et net méiglech, eppes ze maachen. Wéi gesot, dat sinn normal kommerziell Prête, wou dann och d'Banken hir Zënse uwenden. Et ass kloer, dass déi elo wäerten e bëssen an d'Luucht goe mat där neier oder reaktualiséierter Geldpolitik vun der Europäescher Zentralbank.

Dat hei ass effektiv e gutt Instrument. Et ass en Instrument, wat de Betriber Liquiditéit gëtt an Zäiten, wou der effektiv vill leiden ënnert deene ganz héijen Energiepräisser, ënnert deenen allgemeng héije Präisser och fir Matière-première a verschiddene Branchen. Et ass e Gesetz, wat sech un all d'Branchen vun der Economie wennt. An dofir, wéi gesot, e ganz wichteg Instrument, wat aus dem Solidaritéitspak kënnt, wat sech fir d'Betriber uwennt a wat complementaire ass zu all deenen aneren Instrumenter, déi mer hunn, an deem, wat mer elo an e puer Minutte wäerten diskutéieren, wou mer Aiden aféieren, Direktthelafen, fir Energiepräisser ze amortiséieren, fir Energiepräisser ze kompenséieren bei de Betriber.

Dat hei ass, wéi gesot, e weidert Instrument an deem Dispositif.

Effektiv e weidere Punkt, e wichtige Punkt, deen och vum Sven Clement opgegraff ginn ass: Mir mussen dee Moment hei notzen, effektiv, fir eis Entreprises anescht opzestellen. Et ass eng Fënster, déi hei opgeet, déi jiddwerengem bewusst mécht, wéi vulnerabel mer si par rapport zu fossillen Energien. An et ass effektiv eng Opportunitéit iwwert dee ganze Misär, dee mer hunn, fir eis Economie, fir déi Transition do ze acceleréieren. An dofir brauche mer nieft deenen Hëllef fir eeben déi Liquiditéitsenkpass, fir déi méi héich Präisser, déi d'Entreprise gesinn, och Aiden, fir d'Investissementer ze encouragéieren. An dat maache mer natierlech och, fir den Entreprises ze ..., en fait d'Entreprise méi digital ze kréien, och méi energieeffizient, fir se eeben an déi Transition do matzehuelen, fir se doranner ze encouragéieren. Dat ass déi méi laangfristeg Äntwert op dës Kris vun deem schreckleche Krich an der Ukrain.

An dat ass déi Äntwert, déi mer als Lëtzebuerger an als Europäer mussen hei ëmsetzen. An dat kascht eis natierlech eppes. Mee ouni deen Opwand an ouni deen Invest wäert déi Transition do net stattfannen. Dat wësse mer.

Mir hunn hei och vum Spriecher vun der ADR erëm eng Kéier e Plädoyer héieren, fir déi Sanktiounen géint Russland opzehiewen. Dat ass dat, wat mer bei bal all Debat héiere vun him, dass déi Sanktiounen do de Grond si vun all eisem Misär. Ech mengen, dat ass net de Fall. De Grond vun där Problematik, an där mer dra sinn, a vun där neier Kris, an där mer dra sinn no der Covid-19-Kris, dat ass de Krich, den Aggressionskrieg, dee Russland ugefaangen huet géint d'Ukrain. Et sinn net d'Sanktiounen, déi mer geholl hunn. Et ass dee sënnslosen, dee schreckleche Krich, deen ugefaange ginn ass vu Russland an deen eis Economien, eis Gesellschaften no der Covid-19-Kris, wou mer scho souwiso an engem héijen Inflationskontext waren, nach eng Kéier méi déif erageridden huet.

D'Sanktiounen hunn dorunner keng Schold. An dat, mengen ech, ass fir mech evident. Mir sinn hei an enger Kris, déi mer musse mat deenen Instrumenter bekämpfen, déi mer elo hei decidéieren. Ech sinn och gudder Déng, dass mer zesummen als Demokraten, als Europäer aus dëser Kris erauskommen, dass mer

eis Stärkt kënnen weise par rapport zu engem autokrateschen, diktatoriale Regime wéi Russland.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. Parole après ministre fir den Här Kartheiser an duerno fir den Här Gilles Roth.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, den Här Minister huet hei eng Legend geschafft, andeem e mir reprochéiert huet oder der ADR reprochéiert huet, mir wélten hei elo de Sanktiounen d'Schold ginn a Schold wär aleng de Krich.

Mir sinn eis hei an engem Punkt eens, Här Minister. Mir hunn dat gesot a mir hunn alleguer de Broch vum Völkerrecht condemnéiert, well et ass net richtig, datt ee Land en anert militäresch iwwerfällt. Et ass eng Unanimité, déi mer hei am Haus haten, fir dat ze condemnéieren.

Dat ass also kee Sträitobjekt tëschent eis. Awer dovun ofgesinn, muss een awer déi Saach realistesch kucken! Dir wëllt hei soen: „Déi Sanktiounen sinn net dru schold.“ Mee dat ass dach ... Dat ass Politique-fiction. Mir hunn hei sechs Sanktiounspäck geholl, dovunner en Embargo op Kuel, op Pétrol. Dann ass vum siwenten ofgesi ginn. A wat hate mer dann hei fir eng Situatioun, wou da gesot ginn ass bei verschiddene Länner: „Jo, mir wëllen net a Rubel bezuelen.“?! An déi hunn dann eeben deen Abléck de Vertrag oder déi Konditiounen net méi erfüllt, fir nach Gas ze kréien. Mee dat war hir Decisioun.

Elo si mer nach net an där Situatioun, wou Russland Géigesanktiounen géif huelen. Do si mer nach net, mee do kënnen mer och hikommen. Also fir ze soen: „Déi Sanktiounen hu keen Afloss op déi Problemer, déi mer hunn“, dat ass einfach eng Analys, déi Dir vläicht hutt, mee déi mir net hunn.

An ech wëll Iech eppes Zweetes soen. Dir sot ëmmer an Dir hutt och ... Et ass och legitim. Wësst Der, mir rasonéieren anescht. Mir erkennen duerhaus un, datt de politesche Géigner och legitim Grënn huet, fir seng Positionen ze verrieden. An ech ginn Iech dat gär zou.

Mee ech wëll och do emol ganz realistesch sinn. Wat ass de Krich an der Ukrain am Abléck? Et ass eng Tragedie! Mir hunn et am Ufank gesot, vun Ufank un: „Mir hätte gär eng Verhandlungsléiung.“ An et kënnt souwiso zu de Verhandlungen iergendwann eng Kéier. Mee den Ënnerscheid tëschent Är Politik an eiser, dat sinn Dausenden an Dausende vun onschëllege Leit, déi an der Tëschenzäit gestuerwe sinn. Dat ass den Ënnerscheid!

*(Interruptions)*

**Une voix** | O!

*(Brouhaha général)*

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mir wollten eng Verhandlungsléiung. Direkt hu mer déi proposéiert.

*(Interruptions)*

A wat mer am Abléck hunn an där ganzer Tragedie, an dat muss een och gesinn, dat ass, datt d'Leit interresséiert sinn ... An ech zitéieren hei den amerikanesche Verdedegungsminister, dee gesot huet, si wëllen de Krich prolongéieren, fir Russland maximal ze schwächen. Ech weess net ... Mäin Zil ass dat u sech net. Ech hätt gär Friden. Ech weess net, wéi Är Position ass, ob mer e Stellverriederkrich solle féieren oder ob mer solle kucken, datt mer eng Fridensléiung fannen an eis ekonomesch Basis an Europa erëm esou opbauen, datt mer net a Rezessioun erafalen, net Problemer hunn, datt d'Leit kënnen hëtzen an esou weider.

Dat, wat mer am Abléck erliwen, ass onsënneg a méi wéi enger Hisiicht. A wat mir wëlle maachen, dat ass den Appell zur Vernunft fir ze soen: Ma da kommt, mir probéieren, eng Léisung ze fannen! Kommt, mir ginn op de Wee vu Verhandlungen, a kommt, mir probéieren, eis ekonomesch awer net an den Ofgrond ze steieren!

*(Interruption)*

D'Wärter, déi do vertruete ginn ... Jo, natierlech, mir hoffen all, datt d'Ukrain enges Dags en demokratescht Land ass mat senger Plaz an Europa. Mee mir müssen awer och do gesinn, wat lass ass. Dee Krich ass jo och net vum Himmel gefall.

*(Interruptions)*

Aacht Joer schonn hate mer Krich an der Ukrain, hate mer.

*(Interruptions diverses)*

A wann ee seet ... Wéi gesot, mir sinn déi Éischt, déi soen: „Jo, mir hoffen, datt d'Ukrain sech demokratesch entwéckelt.“ Mee wou si mer drun? Déi gréissten Oppositionspartei ass verbueden.

*(Interruption)*

D'Medie sinn net fräi.

*(Interruption)*

Jo, dat ass alles och do.

*(Interruption)*

A liest d'Mënscherechtsbericht vum der Ukrain! Mir hätt gär, datt dat Land demokratesch gëtt. Mir hätt gär, datt de Fridde kënt iwwer eng Verhandlungsléisung. A mir wëllen ...

*(Interruptions)*

... eis Economie retten.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Et ass e Projet de loi!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Et ass Parole après ministre, Här Mosar. An dat steet all Deputéierten zou!

*(Interruptions diverses)*

Ech soen Iech Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Et ass eng fräi Tribün vum der russescher Ambassade!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Den Här Kersch wëllt direkt dorobber reagéieren. An duerno kritt ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här President, erlaabt mer, dass ech hei d'Wuert huelen, well et net fir d'Éischt ass, dass mer déi dote Wieder an där doter Form héieren hunn.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Et war och net fir d'lescht!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir hutt hei ... Ech fannen dat heiten eng ganz seriö Geschicht. Dofir gitt mer wannechgelift d'Chance, mech e bëssen ze faassen. Dir hutt hei wuertwärtlech gesot, Är Politik wär déi vum Fridden an eis Politik wär déi, déi géif a Kaf huelen, dass Dausenden an Dausende vu Leit géife stierwen.

*(Interruption)*

Ech fannen dat eng Onerhéiertheet! Hei am Sall ass keen, dee schold drun ass, dass Leit stierwen. Mee hei am Sall sinn nëmme Leit, déi sech eens sinn, dass et de russeschen Aggresseur ass, dee schold ass, dass Leit stierwen.

Dat emol als Éischt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat emol als Éischt!

An da komme mer bei déi pervers Logik, déi hanner där doter Argumentatioun stécht. Wann Är Argumentatioun richtig wär, dann hätten d'Amerikaner ni dierfen an deen Zweete Weltkrich agräifen. Dann hätten allegueren déi Leit, déi sech zesummegedoen hunn, fir de preiseschen Aggresseur ze bekämpfen, ni dierfe sech zesummendinn an hätte sech missen erginn. Dat kann net d'Logik vum dëser Chamber sinn an och net vum dësem Land! Dat ass skandaléis, wat Dir hei gemaach hutt!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kersch. Da kritt den Här Gilles Baum d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Nee.

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Gilles Roth, pardon.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Dir verwiesselt eis ëmmer! Dat ass scho bal „Bäumchen wechsel dich“.

**M. Fernand Etgen**, Président | Jo, dat ass mat deene Gillen do. Jo.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo.

*(Interruptions diverses)*

**Une voix** | Sch!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Wann d'Gemidder sech e bësse berouegt hunn, hätt ech eng wierklech Fro, déi den Här Mosar un de Minister gericht hat. An ech wëll awer nach eng Kéier do nobueren, well et awer e reelle Problem ass, dass Leit, déi e Prêt de participation, déi Garantië vum Staat, an Usproch geholl hu beim Covid ...

Et ass eng Entreprise, déi huet bei enger Staatsbank – et gëtt eng Staatsbank, déi op der Place de Metz ass –, déi huet e Kontrakt mat där gemaach an dann hu se d'Leit zousätzlech, wéi dat och bei engem normale Prêt ass, eng Cession op de Salaire ënnerschreiwelooss. Bon. Elo ass dann déi Entreprise – déi huet de Covid net gepackt. An amplatz – an ech mengen, esou war awer d'Ratio legis vum deem Gesetz –, dass dann déi betreffend Bank un de Staat als Garant un d'Garantie erugaangen ass, hu se deen einfache Wee gewielt an hunn einfach d'Cession sur salaire an Usproch geholl. Ech mengen, dat war op jidde Fall net den Esprit, dee mir verstanen hunn.

Mir hate gemengt, dass wann eng Entreprise d'Pandemie net géif packen a si hätt déi Staatsgarantie ..., wou jo d'Entreprise och eppes derfir bezuelt huet! Déi huet jo méi bezuelt. An den André Bauler huet mat Recht gesot: „Duerfir sinn der net esou vill an Usproch geholl ginn.“ De Staat hat, mengen ech, am Ufank 11 Milliarden do virgesinn. Mir mengen, dass do awer d'Regierung sech och eng Kéier misst ëm déi Fäll bekëmmern, well – an do kënt de Clou! – eng aner Bank, wou de Staat mat Aktionär ass – déi net op der Place de Metz ass, mee déi op der Route d'Esch ass –, dat Ganzt aneschtters consideréiert.

An ech mengen, wa mer ee Gesetz hu mat enger Ratio legis, da muss dat Gesetz fir d'Leit, och an enger Previsibilitéit, och kënnen d'selwecht ugewannt ginn, an net vläicht onbedéngt deen einfache Wee vum der Bank.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth. Da géif ech d'Wuert zréckginn un de Minister.

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Jo, merci, Här President. Also, bon, fir d'Éischt, fir nach eng Kéier op déi Diskussioun anzegoen iwwert d'Sanktiounen.

Ech war d'lescht Woch zu Lugano op där Konferenz iwwert d'Rekonstruktioun vum der Ukrain, wou den ukrainesche Premier war, wou och de President Selenskyj nach eng Kéier intervenéiert ass. An ech kann Iech soen, dass den État d'esprit vum den Ukrainer net deen ass, fir elo ze kapituléieren. An ech mengen, déi Invitatioun fir ze kapituléieren a fir ze verhandelen, elo aus enger Positioun eraus, an där se elo dra sinn, ass fir mech och total irresponsabel an entsprécht och guer net dem Wonsch vum ukrainesche Vollek.

Et geet hei drëm ze kämpfe fir d'Valeuren, fir d'Demokratie, fir d'Indépendance vum deem Land. An ech fanne wierklech déi Erausforderung oder, jo, deen Opruff do, fir elo ze verhandelen a fir u sech d'Waffen ze strecken, total – effektiv och – inakzeptabel. An ech mengen, dat entsprécht och net eisem Rôle als Europäer.

D'Ukrainer kucken op d'Europäer an dëser schwieriger Zäit. Si kucken a Richtung Europa. Si hunn eng immens Hoffnung kritt duerch déi Kandidatur, déi elo leeft duerch d'Admissioun an dee Prozess, fir Member ze gi vum der EU. Si kucken och op d'Europäer fir eng Hëllef an der Rekonstruktioun.

A fir an deem Kontext ëmmer erëm deen Discours ze iwwerhuele vum de Sanktiounen, déi net wirken, a vu „se solle sech dach wannechgelift erginn, well dat ass alles onnëtz“, dat fannen ech wierklech total deplacéiert an dësem Kontext.

An et ass net, well mer eis jorelaang oder joerzengtelaang och als Europäer an déi Dependence ginn hu vu bëllege russeschen Energien, déi eis haut effektiv schwéier ze schafen deet, dass mer müssen an deem Feeler do persistéieren. An ech mengen wierklech, dass dat, wat mer elo maachen, fir eis anescht opzustellen, fir méi resilient ze ginn, fir ze investéieren an aner Energiequellen, an aner Approvisionnement, dass dat de richtige Wee ass. Mee wierklech deen, ëmmer erëm, Opruff do fir ze kapituléieren oder fir ze soen, dass déi Sanktiounen näischt wirken, fannen ech wierklech wéi den Dan Kersch total nieft der Plack.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

*(Brouhaha)*

Den Här Kartheiser freet nach eng Kéier d'Wuert a kritt et och ganz kuerz.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ganz kuerz, well ech wollt awer véier Saache soen. Dat Éischt ass ...

**Plusieurs voix** | O!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ma dat ass scho wichtig, well et ass jo eng wichtig Diskussioun.

Dat Éischt ass: Verhandelen ass net kapituléieren. Mee ech soen Iech: An der Ukrain ass d'Situatioun esou, datt sech am Abléck d'Situatioun vum Dag zu Dag dramatesch verschlechtert. Déi Basë vum der ukrainescher Economie si méi wéi d'Hallschent zerstéiert. Vun de mënschleche Verloschter emol ganz ofgesinn! An ech mengen, et ass ganz wichtig ze gesinn: Wat mer méi laang waarden, desto méi schlecht gëtt déi Verhandlungspositioun. Dat ass emol dat Alleréisch.

Dat Zweet ass: mat dem Zweete Weltkrich. Wësst Der, déi Vergläicher do, dat ass scho Polemik. Ech wëll Iech eppes ganz kloer soen ...

*(Exclamations)*

Nee, nee. D'USA sinn de 7. Dezember 1941 ...

*(Brouhaha)*

... vu Japan ugegraff ginn zu Pearl Harbor. An e puer Deeg méi spéit huet dat Däitscht Räich den USA de



Krich erkläert. Ech mengen, dat sinn alles historesch Tatsaachen. Dat muss een einfach gesinn.

A mir haten an der Tëschenzäit ... Ech wëll net dee Verglach maachen tëschent dem Krich an der Ukrain an dem Zweete Weltkrich, mee mir haten an deene leschte Joerzénge x Kricher, wou eng Grande puissance en anert Land ugegraff huet. Zum Deel hu se am UNO-Sécherheetsrot gelunn, fir illegal Kricher ze féieren!

An et ass elo net esou, datt dat, wat mer elo am Abléck erliewen, elo eng absolutt Nouveautéit an der Geschicht wär. Et ass leider guer net eng Nouveautéit! Mir haten där Situatioun vill. A mir brauchen net un den Zweete Weltkrich zrëckzedenken, ...

(Interruption)

... mee mir hunn an deene rezenten Joerzénge am Noen Osten notament an op anere Plaze Kricher gehat, déi dem internationalen Droit net standhalen. A loosst eis dach emol probéieren, déi Diskussioun rational an net poleemesch ze féieren!

**Plusieurs voix** | O jo!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech mengen, da wäre mer wierklech e Stéck virukomm.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Den Här Kersch huet d'Wuert gefrot.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här President, et deet mer leed, mee ech refuséieren hei de Virwurf vum der Poleemik. An ech soen och nach eng Kéier ganz kloer: Wann eis Virfaren, eis Pappen, eis Mammen, eis Grousspappen, eis Groussmammen, déi Logik un den Dag geluecht hätten, mat där Dir eis hei wëllt iwwerzeegen, nämlech mat engem Hitler-Regimm wëllen ze verhandelen, da géife mer haut allegueren net hei setzen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Méi ass dozou net ze soen.

**Une voix** | Absolutt!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | An dat huet näischt mat Poleemik ze dinn, dat ass reng Tatsaach!

(Interruption)

Dass dat Iech net schmaacht, wann een Iech dat esou seet, dat kann ech novollzéien. Mee déi Téin, déi Dir hei bréngt, dat ass genau, awer wierklech genau déi nämmelecht Argumentatioun wéi déi, déi de Putin an d'Duma bréngen! Et ass genau dat! Déi de Westen derfir verantwortlech maachen, fir dass net ka verhandelt ginn! Dat ass dach, dat ass dach total veréckt, wat Dir hei maacht.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kersch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7999. Den Text steet am Document parlementaire 7999<sup>5</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7999 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 27 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentounen uegoholl.

**Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7999 est adopté par 57 voix pour et 2 abstentions.**

**Ont voté oui :** Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel,

Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Masar, Mme Viviane Reding (par Mme Octavie Modert), MM. Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Se sont abstenues :* Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 9. 8019 – Projet de loi visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine

Deen nächste Punkt ass de Projet de loi 8019 iwwert d'Aféierung vum enger Rei temporäre Bähëllef, fir eng Partie vun den Energiekäschten ze kompenséieren. De Rapporteur ass den honorabelen Här Gilles Baum an e kritt direkt d'Wuert.

**Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »**

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. Dee Projet de loi, deen ech Iech virstellen, ass dee leschten aus enger Serie vum Texter, déi mer an der Tripartite-Kommissioun haten. En ass e bësse méi technesch wéi dee Projet, dee mer virdrun haten. Ech probéieren, Iech dat dann awer op eng digeste a pedagogesch Aart a Weis ze presentéieren.

No der Aféierung vum Crédit d'impôt énergie, der Erhéijung vum de Studentebourssen, de staatleche Garantien, vum deene mer grad geschwat hunn, de Subsidien op den Emissiounsquoten handelt et sech bei dësem Gesetz ëm Hëllef fir Betriber mat héijen Energiekäschten.

D'Konsequenz vum Krich an der Ukrain spiere mer alleguer op der Pompel, beim Heizen, beim Stroum – d'Bierger grad ewéi d'Entreprises. D'Hausse vum den Energiepräisser trëfft awer natierlech déi Betriber besonnesch haart, wou d'Energie ee vun de zentrale Käschtpunkten ass vum hiner Aktivitéit – wéi zum Beispill den Transportsektor.

Aus dësem Grond gëtt mat dësem Projet en zäitlech begrenzten Hëllefregimm geschaaft, dee speziellesch op déi Entreprisë gemënt ass, déi vill Energie brauchen.

Deen neie Regimm beinhalt zwou verschidden Hëllef.

Éischtens fir Betriber, déi eng ganz energieintensiv Aktivitéit hunn, also vill Energie de facto verbrauchen. Vill Energie bedeit konkret, dass d'Energiekäschte méi wéi 3 % vum Chiffre d'affaires ausmaachen. Si kréie gehollef, fir en Deel vun de Méikäschten beim Gas a beim Stroum ze stemmen.

D'Héicht vun der Aide hänkt vum Montant vun den zoulässege Käschten of, vun de Coûts admissibles. Dës ginn no follgender Formel berechent: d'Differenz vum Präis vun den Energieproduite während engem Mount mol den duebele Präis vum Energieproduit während 2021, an dat multiplizéiert mat der consomméierter Quantitéit. Wat elo relativ komplizéiert klénkt, kann ech méi einfach ausdrécken, nämlech: Et gi just d'Méikäschte consideréiert, déi iwwert d'Verduubelung vum Präis tëschent dësem an dem leschte Joer erausginn.

De Seuil vun den Aidë variéiert dann och en fonction vun der finanzieller Situatioun vum Betrib. Am Prinzip ass de Seuil bei 30 % vun den zoulässege Käschte gedeckt a geet bis bei e maximale Montant vun 2 Milliounen Euro pro Betrib. Allerdéngs: Déi Firmen, wou d'Coûts admissibles op d'mannst 50 % vun der Perte d'exploitation am Mount duerstellen a wou d'Aide net méi héich wéi 80 % vun der Perte ass, kënnen eng Aide an Héicht vu 50 % vun de Coûts admissibles kréien. Dat awer bis zu engem Maximalbetrag vu 25 Milliounen Euro.

An drëtzens: Wann eng Entreprise, déi elo déi just genannt Konditiounen erfëllt an doriwwer eraus an der Annex 1 vum Encadrement temporaire vun der Kommissioun steet, da kann d'Entreprise eng Hëllef kréie vu bis zu 70 % vun de Coûts admissibles a bis zu engem maximale Montant vu 50 Milliounen. Dës Hëllef ass speziell fir déi Firma geduecht, wou e Risiko vun Delokalisierung besteet; also fir ze evitéieren, dass se hir Aktivitéiten an en anert Land verleeën.

Ech wëll och nach preziséieren – an dat ass wichteg, an dat war och ee vun den Diskussiounspunkten an der Kommissioun –, dass déi Aide pro Grupp op nationalem Niveau gekuckt gëtt. Dat heescht, eng Entreprise, déi aus e puer Gesellschaften besteet, gëtt awer wéi eng ganz Entitéit behandelt. A Firmen, déi an e puer Länner aktiv sinn, bei deene ginn d'Gesellschaften ausserhalb vum Territoire vu Lëtzebuerg net consideréiert.

Déi zweet Hëllef betrëfft d'Betriber, déi an dräi Beräicher aktiv sinn: am Transportberäich, bei der Alimentatioun a bei der Konstruktioun, well bei deene kann et virkommen, logescherweis, dass den Diesel e wichtige Käschtpunkt duerstellt. Et gi bei dëser Aide Méikäschten ab 125 % vum Präis vum Virjoer consideréiert.

Fir eligibel ze sinn, muss d'Entreprise eng Perte d'exploitation hu fir dee Mount, wou se d'Aide ufreet. D'Coûts admissibles mussen op d'mannst 50 % vun der Perte ausmaachen. An d'Aide dierf net méi wéi 80 % vun der Perte d'exploitation ausmaachen. D'Aide entsprécht 50 % vun de Coûts admissibles, bis maximal 400.000 Euro pro Betrib.

Fir eligibel ze sinn, gëtt et doriwwer eraus verschidde Bedéngungen, déi fir déi zwou Aiden déi selwecht sinn: D'Entreprise muss den Ennverbraucher si vum Gas, vum Stroum oder vum Diesel. Si brauch natierlech eng Autorisation d'établissement. A si dierf net vun de Sanktiounen am Kader vum Ukrain-Krich be-traff sinn.

D'Aidë gi vu Februar bis Dezember 2022 an d'Demande muss virum Enn des Joers eragi ginn.

Ech wëll dann och preziséieren, dass déi zwou Aiden, ëm déi et geet, cumuléiert kënnen ginn. Allerdéngs

kënne se net mat der Aide pour coûts non couverts cumuléiert ginn.

De Gesamtbudget vun dëser Mesure, d'Enveloppe, déi virgesinn ass, beleeft sech op 225 Milliounen Euro. Dës Mesurë falen, wéi aner Aiden och, ënnert den Encadrement temporaire de crise vun der Europäescher Kommissioun, mat deem d'Memberstaaten d'Méiglechkeet kréien, hire Betriber am Kader vum Krich zäitweilg ënnert d'Aerm ze gräifen, iwwert dat eraus, wat déi normal europäesch Reegelen a Saache Staatshëlfelefen an normalen Zäiten erlaben. D'Kommissioun huet dann och schonn de Feu vert gi fir dës Aiden.

Mir hunn hei dann och de Maximum erausgeholl, deen den Encadrement temporaire zouléisst. Et muss een awer soen, dass aktuell um europäeschen Niveau nach Verhandlung lafe, fir den europäesche Kader unzepassen.

Voilà! Fir den Detail an och fir d'Avisen, géif ech op de schrëftleche Rapport verweisen. Domat kéim ech och schonn un d'Enn. Ech géif den Accord gi vun der DP-Fraktioun an Iech alleguete Merci soe fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Rapporteur Gilles Baum.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### **Discussion générale**

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Fir d'alleréischte e grouse Merci dem Rapporteur fir säi mëndlechen an och säi schrëftleche Bericht, dee ganz an den Detail gaangen ass.

Dat hei ass jo e Projet, dee sech am Fong an dee Projet vu virdru respektiv deejéinegen, dee mer d'lescht Woch haten ... En ass och en Deel vum Accord vun der Tripartite vum 31. März 2022. An ech mengen, et ass och wichteg, dass mer deene Betriber, déi jo hei zu Lëtzebuerg aktiv sinn, déi och ganz vill Personal beschäftegen, déi Aidë ginn. Well wann déi Betriber net méi kënne produzéieren, doduerch dass d'Energie ze deier ginn ass fir si, kéint dat an en anere Problem zréckfalen. Da kéint nämlech net méi geschafft ginn an da géife mer erëm schwätze vu Chômage partiel an esou weider an esou fort. Et soll een och dee ganze Kader eng Kéier kucken, dass dat och eng Bedeitung huet fir den Emploi, deen hei zu Lëtzebuerg ass.

Wann ech et elo nach richteg a mengen Notten erëmfonnt hunn, da schwätze mer hei vun zwëschen 150 an 250 Betriber, déi d'Méiglechkeet hunn, op déi Aide kënne zréckzegräifen, an dass et dann e ganze Coût wäert gi vun ongeféier 225 Milliounen; deemno wi-vill natierlech gezu gëtt a wivill Leit an där Situatioun sinn.

Mir als CSV begrëssen de Projet ausdrécklech. Mir hunn awer ee Problem, an den Här Minister weess et: Dat ass déi Geschicht mam Multinational, wou een do oft Firmen huet, déi hei zu Lëtzebuerg aktiv sinn, och nach an den Nopeschlänner; dass dat e Problem ass, dee mer gesinn.

An ech mengen, Här Minister, Dir hat och deemools gesot, Dir géift eis Bedenke verstoen, mee dat wier awer eng Bedingung, déi vun der Europäescher Unioun nach eng Kéier ënnerstrach gi wier. Dat ass dee Punkt, wou mer e bëssen de Bauchweidemat hunn. Well deemno, wou dee Betrib da grad ugesidelt ass a wou säi Sëtz ass a wou seng Produktiounschaïne ass, kann et awer do ze enger ..., ech wëll elo

net soe Concurrence déloyale, mee kann dat awer zu Schwierigkeete féieren.

Dat ass deen eenzege Problem, dee mer domat hunn. Fir de Rescht géife mir als CSV dësem Projet eis Zoustëmmung ginn. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Spautz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Ech mengen, villmools merci dem Här Baum fir säi Rapport. E war esou detailléiert, dass ech net méi vill muss bäifügen, just nach den Accord ze gi vun der LSAP.

Merçi.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. Da wier et un der Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Jo. Merci, Här President. Och mir stëmmen dësem Projet de loi zou. Ech wëlt awer nach eng Kéier drun erënneren, dass et net d'Léisung ka sinn, ëmmer erëm Energiekäschten ze subventionéieren, de Betriber ze hëlfelefen, déi Käschten ze droen. Dat ass vläicht eng kuerzfristeg Äntwert op e grouse Problem, deen d'Betriber nun emol betrëfft.

Laangfristeg kann et net anescht sinn, wéi dass d'Betriber sech ëmstellen, dass se onofhängeg ginn. An da gi Projet-de-loie wéi dësen iwwerflësseg. Dat muss d'Zil sinn, laangfristeg. Mir hoffen, dass se motivéiert sinn duerch dës Subventionen, weiderhin an déi Richtung ze denken an ze handeln.

Dat gesot, si mer natierlech och frou, dass Aarbechtsplaze kënne geschützt ginn, doduerch, dass mer eis Ekonomie mat Projekte wéi dësem stäerken, nach eng Kéier am Gescht vun der Tripartite, déi an eisen Aen e glécklecht Enn fonnt huet, am Contraire zu aneren.

Merçi.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lorsché. Da geet d'Wuert un den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo. Villmools merci. Och e grouse Merci un den Här Baum. En hat gesot, e géif dat pedagogesch maachen. Dat ass em och gelongen. A mir wäerten dat hei matstëmmen.

Vläicht just zwou Bemierkungen.

Dat eent ass: Selbstverständlech hale mer un eise Kritike vun de Konsequenze vun der Sanktiounspolitik op eis eegen Ekonomie fest, well se einfach wouer a richtig sinn.

An dat Zweet ass: Ech wëll wierklech eis gréng Kollegen encouragéieren, awer d'Realitéit ze gesinn. Mir haten d'leschte Kéier schonn eng Diskussioun hei an dunn ass eis rappelléiert ginn, dass 18 % vum Strom géif duerch alternativ Energien da realiséiert ginn. Wa keng Sonn schéngt, wa kee Wand bléist, dann ass et genau 0 %.

(Interruptions)

Ass et 0 %! An ech mengen, mir müssen einfach och déi Energiediskussioun realistesch féieren.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Jo!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An de Realismus ass ganz einfach esou: Alternativ Energië sinn en deieren ..., kënne och e Complement sinn zu der normaler Energieproduktioun. Mee souguer bei 18 % Stromproduktioun aus alternativen Energien, wëll ech eise grénge Kollege soen, dass dann 82 % net aus alternativen Energië kommen. A fir déi ze ersetzen, ass net esou einfach.

Ech soen Iech Merçi.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser.

(Interruptions)

An da geet d'Wuert un d'Madamm Cecchetti.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Här President?

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Madamm Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Ech wëll kuerz reagieren, well mer erëm genannt gi sinn. Mir sinn immens frou feststellen, dass den Här Kartheiser seng Zuele schonn adaptéiert huet.

(Hilarité)

D'lescht Woch ware mer nach am eestellige Prozentberäich bei den Erneierbaren. Elo si mer schonn am zweestellegen.

An ech wëll nach eng Kéier widderhuelen, dass mer mat Partie wéi der ADR net weiderkommen, onofhängeg ze ginn. Mir si frou, dass d'Majoritéit heibannen op där anerer Schinn ënnerwee ass an alles mécht, fir eis vum russesche Gas onofhängeg ze maachen. Dat muss d'Zil bleiwen. A mir wäerte weiderhi schaffen, contre vents et marées vun der ADR.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lorsché.

**M. Fred Keup** (ADR) | D'Luuchten aus mat Iech!

**M. Fernand Etgen**, Président | Dann nach eng Kéier d'Wuert kuerz zréck un den Här Kartheiser. Kuerz!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo. Mee ech si genannt ginn, Här President, an ugegraff ginn, also op eng onméiglech Manéier.

**Plusieurs voix** | O!

**Une voix** | Si hu keng!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Voilà.

(Brouhaha général)

Dat Éischt ass: D'lescht Woch hate mer vum Primärenergieverbrauch geschwat. Do leie mer am eestellige Prozentberäich. Déi Kéier hunn ech vun der Stromproduktioun geschwat. Dat ass eppes anescht! Ech hu schonn d'lescht Woch offréiert, Iech dat eng Kéier ze erklären. Da kënne mer ganz gäre maachen. Soudatt do e ganz klore Ennerscheid ass.

A fir déi gréng Logik: Jo, natierlech, mir hu kee Gas hei oder op jidde Fall net vill a Westeuropa. Mir hunn also eng Wiel: Entweder mir gi bei d'Russen a mir bréngen et iwwer eng Pipeline. Bis elo waren déi gréng do ganz derfir, och an Däitschland, well se gesot hunn: „Dat huet manner CO<sub>2</sub>-Emissiounen.“

Mee Dir gitt offensichtlech an déi Richtung, dass Der elo Gaz de schiste an den USA kaaft an eis dat wëllt als déi besser Léisung verkafen. Als gréng Partei! Wou ass dann do d'Logik? Dir huet eng ekologesch minabel Léisung a wëllt eis déi elo opdrängen. Ma bravo!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An et ass elo un der Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, als Alleréischte emol e grouse Merci dem Här Baum fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Mir hunn als déi Lénk jo schonn oft gesot, dass mir net onbedéngt e Problem domadder hunn, den Entrepreneuren Aiden ze ginn, wa se onverscholt a Schwierigkeete geroen; eebe geziilt Aiden, déi deenen hëlfelefen, déi tatsächlech e Problem hunn – awer net wéi bei der Indexmanipulatioun einfach mat der Strenz.



Mir wäerten eis bei dësem Projet awer trotzdem enthalen aus deene selwechte Grënn, déi ech och virdru genannt hunn, nämlech well keng Géigeleschtung dobäi ass, déi vun den Entrepreneuren eeben eppes verlaangt a Saache Maintien de l'emploi.

An da si mir awer och natierlech mat deene Grëngen d'accord, datt ee wierklech muss kucken, aus där Energiefal erauszekommen an een alles muss op erneierbar Energië setzen. Well et ass net fënnf vir zwielef, mee scho laang fënnf op zwielef. An ech mengen, do muss mer alleguer zesummen un engem Strang zéien.

Ech wëll awer op dëser Plaz och méi eng allgemeng Remark maachen: Mir hunn an der Covidkris ugefaangen, Staatshëlfelefen un d'Betriben ze ginn; wat jo och richtig war. Mir hu se geziilt un déi Betriben ginn, déi se gebraucht hunn. An elo, wou d'Energiepräisser eeben héichginn, decidéiere mer dann och, e massiven Hëllefprogramm ze ginn.

Dat ass och richtig fir déi Betriben, déi se brauchen. Awer mir risquéiere lues a lues do an e Scheema eranzekommen, datt, allkéiers, wann d'Konjunktur schlecht gëtt, dann „Hëllef“ gejaut gëtt an datt mir mussen als Steuerzueler eeben agräifen, fir de Betriben ze hëlfelefen.

An zemools, well do op EU-... Dat gëtt jo op EU-Niveau eebe gereegelt. An do muss ee vigilant sinn. Well et kann net sinn, wann d'Betriben déck Benefisier maachen, datt se déi dann net op d'Säit leeën, mee déi vläicht mat der Strenz un hir Aktionären ausdeelen oder sech iwwerhaupt kee Polster verschafen, well se jo wëssen: „De Staat klëmmt erëm mat era mat enger Hëllef.“ Dat ass eng Gefor, déi kéint bestoen; soen ech einfach elo.

Wéi gesot, mir wäerten eis bei deem heite Projet enthalen.

Ech wëll awer och nach eng Bemierkung maachen zu de mëttelstännege Betriben. Ech mengen, elo nodeems datt d'Covidkris eriwwe ass, sinn e Plus vun 12 % nei Betriben, déi eng Autorisation gefrot hunn. Dat heescht, et sinn 12.600 Demanden erakomm. Ech mengen, do gesäit een awer, datt d'Leit keng Angscht hunn, e Betrib opzemaachen an dat ass jo awer wierklech immens positiv. An ech mengen, datt se och gemierkt hunn, wa se wierklech Hëllef brauchen, datt de Staat och derfir do ass, fir hinnen ze hëlfelefen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo. Merci, Här President. Ech kann elo nach eng Kéier op alles agoen, wat d'Virriedner a virun allem och de Rapporteur zum Projet gesot hunn. Ech erspueren Iech dat awer.

Ech kommen awer net ëmhin, fir eng fundamental Remark zum Text ze maachen. Déi hunn ech virdru scho gemaach. Dat ass déi, datt mer de Betriben net nëmmen elo hëlfelefe mussen, mat den héijen Energiekäschten eens ze ginn, mee duerno och, fir vun deenen héijen Energiekäschte fortzekommen, andeem se méi resilient ginn, andeem se méi erneierbar Energië selwer och kënnen deelweis produzéieren.

An da vläicht eng Reaktioun op dat, wat d'Madamm Lorsché elo grad gesot huet, datt d'Majoritéit alles géif maachen, fir onofhängeg ze gi vum Gas. Also vläicht nach vum russesche Gas, well do de Risiko do ass, datt iergendwann de Putin de Krunn zoudréit a mer, faute de mieux, souwisou onofhängeg dovunner wäerte ginn.

Mee ech mengen net, datt dës Regierung, oder wann domat d'Majoritéitspartei gemengt waren, da mengen ech net, datt dës Regierung dat mécht. Well ...

(Interruptions)

... iwwer 50 % vun den abordabele Wunnengen zënter 2016 si mat Gasheizung gebaut ginn. Staatsgebaier sinn déi lescht, si wäit hannert dem Duerchschnitt souwuel vun den Industriegebaier wéi vun de privaten Haushalter, wann et drëm geet, Solaranlagen op den Daach ze setzen. Ech schwätze guer net nach vun aneren Heizungen – och do, sechs Gebaier vum Staat hunn eng Gasheizung kritt.

Also ech mengen, bei der Onofhängegkeet vum russesche Gas ass, mat deene Politicken, déi do gemaach ginn am abordabele Wunnengsbau, bei staatleche Gebaier an der Administration des bâtiments publics, nach Loft no uewen. Also alles ass et nach net.

D'Madamm Lenert, déi och heibannen ass an op hire Projet waart, huet eng Kéier vun der Impfflicht als „déi lescht Patroun“ geschwat. Ech mengen, hei géif et wierklech Zäit ginn, wann ee sech d'Temperaturen ukuckt, datt mer emol eng Kéier déi lescht Patroun géifen zünden a wierklech all déi Heizungen, eleng bei de staatleche Gebaier, géifen ersetzen. Da géife mer eis wierklech onofhängeg maache vum russesche Gas.

Bon, esou kann ech just soen: Mir hëlfelefen elo deene Betriben, déi et néideg hunn. Mee déi lescht Patroun hu mer definitiv nach net verschoss.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Jo, merci, Här President. Merci all den Deputéierte fir hir Contributioun zu dëser Diskussioun. An ech freeë mech och iwwer dee breeden Zousproch an d'Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

An ech géif och wierklech gären der Chamber, insbesonnesch de Memberen aus der Tripartiteskommissioun an hirem President, e grouse Merci soen, dass se dëse Projet, gradesou wéi déi aner Projekte vum Solidaritéitspak, esou schnell an effikass behandelt hunn, well et ass effektiv esou, dass déi Lëtzebuerger Betriben op déi Aiden hei gewaart hunn.

Mat dem Vott vun dësem Projet de loi komplettéiere mer dann och déi ganz Geschierkëscht, fir op déi lescht Kris, mat där mer et ze dinn hunn effektiv an enger Rëtsch vu Krisen, déi aus dem Ukrain-Krich, wierklech och hei ze reagéieren an eeben op déi extrem héich Energiepräisser och ze reagéieren.

Déi Aiden, déi mer haut hei decidéieren, hëlfelefen, dass déi Lëtzebuerger Betriben kompetitiv bleiwe par rapport zu hirer Konkurrenz aus dem Ausland. Dat ass engersäits dee Projet de loi iwwer den ETS-System, dee mer virun enger Partie Deeg gestëmmt hunn, awer och de Kompensationsregime vun den héije Gas- a Stroumpräisser. Mir hunn och an dësem Projet hei e Volet dran, deen de Wueren- a Giddertransport iwwer d'Strooss betrëfft, d'Konstruktioun an de Liewensmëttelhandel, d'Handwierk. Alles dat huet de Gilles Baum gutt a komplett beschriwwen.

An ech mengen, dat ass wierklech e Pak, deen erwaart ginn ass an dee mer elo hunn. An dat ass och gutt esou.

Nieft dësem Pak hu mer och decidéiert an der Tripartite, fir méi laangfristeg Aiden de Betriben

zoukommen ze loosse. Alles dat am Kader vun enger Reformulatioun vum europäeschen Aide-d'État-Regime. Dat ass wichteg fir, wéi gesot, méi onofhängeg ze gi par rapport zu auslänneschen Energieressourcen, wat jo, mengen ech – an d'Diskussioun vun de Mëtte weist dat erëm eng Kéier – déi grouss Erkenntnis ass vun der aktueller Kris.

Bei dem Wiessel an déi Dekarboniséierung wëlle mer eis Betriben begleeten. Do wëlle mer se ënnerstëtzen. An dofir geet et och drëm, fir de Betriben net nëmmen mat Aiden zur Säit ze stoen, awer och hinnen eng gewësse Betreibung ze ginn, e gewëssene Conseil ze ginn. Dat maache mer zum Beispill och zesumme mat Luxinnovation, mat engem spezielle Programm mam Numm Fit 4 Sustainability, dee mer elo opgesat hunn. An deem Programm ënnerstëtzt de Wirtschaftsministère bei engem État des lieux énergétique e Betrib mat bis zu 70 % vun de Käschte vum Consultant, deen dat mécht. Eng maximal Aide, déi da bei 100.000 Euro läit.

Egal ob et eng Finanzkris ass, eng Pandemie oder eng Energiekris, déi sech duerch dës Krich nach eng Kéier massiv renforcéiert huet, et ass wichteg, fir den Entrepreneuren an ekonomesch schwierigen Zäiten eng gewësse Planungssécherheet ze ginn an d'Leit ze ënnerstëtzen.

Mee et ass nach méi wichteg, an enger Phas, wou mer an enger Transitioun dra sinn a wou mer an enger weltwäiter Konkurrenz trotzdem nach stinn, fir se an där Phas net nëmmen hei an Europa ze behalen, fir se kompetitiv ze behalen, mee fir sécherstellen, dass Lëtzebuerger, europäesch Entrepreneuren deenen héchste sozialen an energieeteschen Ëmweltstandarden entsprechen.

Dat ass den Enjeu, dee mer hunn iwwer déi nächst Joren. An deem wäerte mer eis och ganz sécherstellen.

Merci villmools.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 8019. Den Text steet am Document parlementaire 8019<sup>4</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 8019 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8019 ass mat 57 Jo-Stëmmen, 1 Nee-Stëmm an 2 Abstentiounen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8019 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Octavie Modert), Léon Gladen, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Félix Eischen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten,

Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Mars Di Bartolomeo), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 10. 7716 – Projet de loi portant création et organisation de l'Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire et portant modification :

1<sup>o</sup> de la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la santé ;

2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 19 mai 1983 portant réglementation de la fabrication et du commerce des aliments des animaux ;

3<sup>o</sup> de la loi du 28 juillet 2018 instaurant un système de contrôle et de sanctions relatif aux denrées alimentaires

Éier mer zum Projet de loi 7909 kommen, géife mer elo nach d'Projet-de-loie 7716 a 7751 virhuelen; fir d'éischt de Projet de loi 7716 iwwert d'Schafe vun enger Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, d'Madamm Tess Burton.

### Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viti-culture et du Développement rural

Mme Tess Burton (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zil vum Projet de loi, den Dir hei virleien hutt, ass et, eng nei Verwaltung ze schafen, déi den Numm Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire dréit, ofgekierzt ALVA, an déi dem Landwirtschaftsminister wäert ënnerstoen. Si regruppéiert d'Activitéite vun der besteeënder Veterinärverwaltung, vum Service vun der Alimentation animale vun der ASTA, vun der Divisioun vun der Liewensmittelsécherheet, déi haut ënnert der Direktioun vun der Santé besteet, a vun dem Commissariat du Gouvernement à la qualité, à la fraude et à la sécurité alimentaire, deen de Moment dem Konsumenteschutzministère ënnersteet.

D'Iwwerwaache vun der Liewensmittelsécherheet ass eng ganz komplex Aufgab, déi immens wichteg ass fir d'ëffentlech Gesondheet. Well mir an der EU e fräie Marché hunn, ass et och logesch, dass all Produkter, déi op dësem Marché sinn, deene selwechte Qualitätsnormen ënnerleien an dass iwwerall déi selwecht Kontrolle gemaach ginn. E groussen Deel vun deenen entspreche Virschreften baséiert deemno op EU-Reglementer, déi direkt applikabel sinn an déi also net an nationaalt Recht mussen ëmgesat ginn. Allerdéngs sinn d'EU-Memberstaaten an der Pflicht, hire gesetzleche Kader esou unzupassen, dass dës Reglementer an der Praxis och korrekt ugewannt ginn, an dat op eng méiglechst effizient an transparent Aart a Weis. Dëst Zil soll mat deem neie Gesetz hei erreicht ginn.

Op EU-Niveau huet d'Legislatioun, wat d'Liewensmittelsécherheet ugeet, staark evoluéiert. Eng Rei grouss Liewensmittelskandalen an de leschte Joerzénge hunn däitlech gemaach, wat d'Konsequenze sinn, wann d'Liewensmittelkontrolle versoen. Sou kënnen bei engem eenzelne Problem Dausende vu Leit krank ginn an Dosende stierwen. Och fir d'Déiere kann dat verheerend Konsequenzen hunn. Déi meescht vun eis hu bestëmmt nach déi schrecklech Biller an Erënnung, wéi wéinst dem BSE-Skandal Milliounen Ranner a Schof geschluecht a vernicht gi sinn. Vill Baueren hunn hir Existenz verluer, vun der Verschwendung vu Liewensmittel an dem wirtschaftleche Schued insgesamt guer net ze schwätzen.

Donieft hu sech d'Erwaardungen vun de Konsumenten am Laf vun der Zäit verännert. Si interesséieren sech ëmmer méi fir d'Produktionsmethoden. D'Verbesserung vun de Bedéngungen, ënnert deenen d'Déiere gehale ginn, spillen dobäi eng grouss Roll. De Verloscht vun der Biodiversitéit an de Klimawandel sinn Aspekter, déi och berücksichtegt ginn, wann et ëm d'Virschreften geet, wéi d'Liewensmittel produzéiert ginn. Resuméiert ass dat an der „Farm-to-Fork“-Strategie vun der EU, an déi sech d'Liewensmittelkontrollen arien.

Här President, d'Konsequenz dovun ass e staark harmoniséierte Kader, deen EU-wäit gëllt an deen all Schrëtt an der Produktionsketten aschleiss. Zanter dem 14. Dezember 2019 ass d'EU-Reglement 2017/625 a Kraaft, dat de Kader setzt. Mat deem Projet de loi, dee mir haut stëmmen, wëlle mer derfir suergen, dass all dës Bestëmmungen optimal kënnen aegehale ginn.

Haut ass et jo esou, dass fir déi verschidde Missiounen, déi an deem Beräich ze erfëlle sinn, verschidde Ministerien, Verwaltungen a Services zoustänneg sinn. Och wann all Einzelnen an deene Beräicher eng gutt Aarbecht leescht, esou mécht dës Opdeelung d'Saach net onbedéngt méi einfach. Och vusäite vun deenen, déi kontrolléiert ginn, besteet scho laang de Wunsch, dass d'Kontrollen harmoniséiert an d'administrativ Virgänger vereinfacht ginn.

An deem Sënn haten de Gesondheitsministère an de Landwirtschaftsministère schon 2015 en Audit an Opdrag ginn, deen zur Konkursioun komm ass, dass méi effizient geschafft kéint ginn, wann all d'Aufgaben an enger eenzeger Verwaltung zesummegefüggt géife ginn.

D'Regierung huet an enger éischter Etapp dorop reagiert, andeems d'Personal aus deene betraffene Services 2018 an engem Gebai zu Stroossen zesummekomm ass. 2019 gouf tëschent dem Landwirtschaftsministère an dem Konsumenteschutzministère eng Konventioun ënnerschriwwen, déi eng Rei Synergien a Käschtenaspuerungen erméiglecht huet.

Den 19. November 2020 huet de Landwirtschaftsminister dëse Projet de loi deposéiert, fir all d'Kompetenze vun de Verwaltungen an de Services, déi ech virdrun opgezielt hunn, an der Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire ze regruppéieren an dem Landwirtschaftsministère ze ënnerstellen. Dës nei Verwaltung wäert zoustänneg si fir d'Ëmsetzung vum EU-Reglement 2017/625 zu Lëtzebuerg. D'Gesetz reegelt d'Missiounen an d'Organisatioun vun der ALVA an enthält eng Rei Dispositiounen zum Personal.

D'Gesetz vum 21. November 1980 iwwert d'Organisatioun vun der Santédirektioun, d'Gesetz vum 19. Mee 1983, dat d'Fuddermittel betrëfft, an d'Gesetz vum 28. Juli 2018 iwwert d'Liewensmittelkontrolle ginn entsprechend modifizéiert. D'Gesetz vum 28. Dezember 1992, dat d'Iwwerwaachung vu

fleischverarbeitenden Etablissementen betrëfft, gëtt mat deem heite Gesetz ofgeschafft.

Här President, et koumen eng ganz Rei Avisen eran: vum Staatsrot, dem Collège vétérinaire an de Beruffskummeren. Grondsätzlech gouf de Projet vun alle Säite begriess. An et gëtt e Konsens, dass eng nei Administratioun, déi déi zesummebréngt, déi zesumme gehéieren, eng gutt Saach wär. Et gëtt allgemeng erwaart, dass méi kohärent an effizient ka geschafft ginn, dass manner administrativen Opwand muss bedriwwen ginn an no bausse besser verständlech gëtt, wie woufir zoustänneg ass.

Do dernieft gouf et awer och eng Rei Remarken a Kriticken, opgrond vun deenen d'Agrarkommissioun Amendementen proposéiert huet. Zu engem groussen Deel gong et dobäi ëm Präzisiounen fir sécherzestellen, dass all d'Missiounen vun deenen aktuelle Services weiderhi kënnen erfëllt ginn an dass all d'Personal iwwerholl gëtt, ouni dass sech eppes un hire Karriären ännert. Wat d'Direktionsposten ugeet, esou hat de Collège vétérinaire insistéiert, dass mindestens ee vun dëse Poste mat engem Médecin vétérinaire géif besat ginn. Dat steet esou net ausdrécklech am Gesetz, mee de Minister huet eis an der leschter Kommissiounssézung nach eng Kéier bestätegt, dass deem Profil Rechnung gedroe gëtt, wann d'Posten ausgeschriwwen ginn.

D'Landwirtschaftskummer huet op e puer Punkte verwisen, déi och mat deem neie Gesetz nach net ganz harmoniséiert sinn. Dozou muss ee soen, dass mat deem Gesetz, wat mer haut stëmmen, e grouss Schritt no vir gemaach gëtt, mee dass de Prozess, fir Synergien ze sichen, wou et méiglech ass, a fir d'Prozeduren ze vereenheetlechen domat net ofgeschloss ass.

Voilà! Ech wär domat schonn um Enn vu mengem Rapport an ech géif domadder och den Accord vu menger Fraktioun ginn a soen Iech Merci fir d'No-lauchteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Rapportrice Tess Burton.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass déi honorable Madamm Octavie Modert. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

Mme Octavie Modert (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll ufänken domat, der Rapportrice, dem Tess Burton, Merci ze soe fir säi schrëftlechen a fir säi mündlechen Rapport. Well dat Gesetz hei ass awer e wichtige Momentum an der Organisatioun vun der Liewensmittelsécherheet an hire Kontrollen. An d'CSV stëmmt dat mat.

Et ass eng Verbesserung och fir d'Zesummenaarbecht vun de einzelnen zoustännegen Verwaltungen a Services. Mee et muss een awer och ervirsträichen an ënnersträichen, dass dat bis elo och ëmmer gutt geklappt huet. Souwuel d'Zesummenaarbecht wéi d'Koordinéierung kéinte scho bal net méi exemplaresch gewiescht sinn, souguer wa méi wéi eng Verwaltung an ee Ministère zoustänneg ware bis elo. D'Mënschen hu sech gutt verstanen an am Interessi vun der Saach zesummege schafft.

An datt d'Qualitéit vun den Analysen a vun deene Kontrollen och nach ëmmer unerkannterweis héich war an nach ëmmer ass, dat huet och 2016 en externen Audit festgestallt, deen och d'Rapporterin Tess Burton ernimmt huet. Den Audit huet och gesot, et wär trotzdem besser, et géif zesummegeleuecht ginn. Mee den Audit huet kloer ënnerstrach gehat, dass bis dohinner ëmmer an och bis elo d'Qualitéit vun de Kontrollen a vun den Analyse ganz gutt a ganz héich war.



Bon, dat zukünftegt Zesummeleeeën an de Regruppement mussen dann och Vereinfachung an Effizienz mat sech bréngen, fir datt et eng richteg Plus-value ass an der Organisierung vun den offiziellen Kontrollen an der Liewensmittelketten.

Ech mengen, wa mer den Historique géifen elo dovunner maachen, dat wär ganz interessant, mat deene grouse Liewensmittelkrisen, ugefaange mat BSE, awer och mat den Déiereseuchen an Zoonosen, ob et d'Schwéngespescht, d'Vullegripp, IBR an esou weider sinn, an dat ass eppes, wat net ze ënnerschätzen ass hautdesdaags. Et ass sécherlech eng aner Situation haut ewéi viru 45 Joer, wéi d'Veterinärverwaltung gegrennt ginn ass.

Dir Dammen an Dir Hären, déi ganz Veterinärverwaltung geet an déi nei ALVA-Verwaltung iwwer. Si gëtt komplett dran integréiert, mat all hiren Attributiounen, och deenen, déi iwwert d'Liewensmittelkontrollen erausginn. Dofir sinn ech och der Iwwerzeugung, datt op d'mannst ee Veterinär an där neier, tricephaler Direktioun si muss – ech mengen, dat ass wichtig, dat muss och evident sinn –, wann net souguer den Direkter selwer dat soll sinn.

Jo, ech hat dat opgeworf an där leschter Kommissionssitzung an ech hat gefrot, ob et op d'mannst géif kënnen an de Rapport ageschriwwen ginn. Et war allerdéngs keng Bereitschaft dofir do, fir et weinstens dodran ze preziséieren. Et wär jo nëmmen en hallwe Saz gewiescht.

Dir hutt, Madamm Burton, gesot, datt de Minister zougesot gehat hätt, datt dat esou wär an esou géif sinn. Sou genau hat ech dat net héieren. Ech sinn da frou, datt elo hei ze héieren an dann ze wëssen, datt dat och esou an Zukunft wäert sinn an och an Zukunft esou wäert bleiwen, well dat mécht Sënn. Et mécht net nëmme Sënn, et muss och esou sinn!

Här President, wat och nach Sënn mécht, dat ass, datt déi nei Verwaltung ... An et ass och gutt, datt se „Verwaltung“ an net „Agence“ heescht, an et ass och gutt, datt et eng staatlech Verwaltung bleift. Et mécht Sënn, datt déi nei Verwaltung ënnert d'Kompetenz vum Landwirtschaftsminister gestallt gëtt, well do fënnt sech awer dee ganz groussen Deel vun den Attributiounen an de Kontrollen erëm. Dat mécht also Sënn am Kontext vu Vereinfachung a vun Effikassitéit. An domadder ass et och eng Verbesserung.

Wat elo wichtig ass, dat ass d'Organisation hannerdrun, soss brauch ee jo och keen neit Gesetz um Pabeier. Well, wéi gesot, et huet och virdrun ëmmer gutt geklappt, a si sëtze jo och am selwechte Gebai. Och dat huet et natierlech vereinfacht a wäert och warscheinlech d'Zesummeleierung vereinfachen.

Dofir meng Fro: Wou ass déi praktesch Zesummeleierung drun? Wéini ass en neien Organigramm fäerdeg? Wéini gëtt d'Gesetz vun haut also konkret an uwendbar?

Et bleiwen, denken ech, och an Zukunft nach verschidde Froen opstoen, wéi zum Beispill: Wéi wäert d'Zesummespill si mam Gesetz vum Abrëll iwwert déi offiziell Kontrolle vun den Agrarprodukter? Dat ass jo am März heibannen debattéiert ginn. Wou wäert do de Schnëtt gemaach ginn?

Oder: Gëtt et an Zukunft eng Differenzierung bei de Vegetaux an de phytopharmazeutesche Produkter tëschent de Kontrolle beim Import, déi elo vun där neier ALVA iwwerholl ginn, an de Bannekontrollen, wat bei der ASTA bleift? Dat huet och d'Landwirtschaftskummer opgeworf, gradesou wéi déi Tatsaach, datt awer zwee Laboratoire bestoe bleiwen am Liewensmittelkontrollberäich: de Laboratoire vétérinaire, deen an dësem Beräich zertifizéiert

ass an EU-akkreditéiert ass, an op där anerer Säit den LNS.

Fir de Rescht wënschen ech där neier Verwaltung eng gutt Hand, datt et op d'mannst esou gutt weidergeet wéi bis elo, wéi se net zesummegeleecht waren, mee trotzdem gutt zesummege schafft hunn. An ech mengen, den Zweck vun der Saach ass, datt et kompetent an effizient wäert an Zukunft kënnen virgoen. Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Madamm Modert. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas (DP) |** Merci, Här President. Ech mengen, et gouf wuel keng Period an der Mënschheetsgeschichte, wou sech esou vill Gedanken iwwert d'Qualitéit vum Iesse gemaach gouf. Wann ee bedenkt, datt nom Zweete Weltkrich am Fong geholl bal d'Hallschecht, kann ee soen, vum Akommes vun de Leit geholl ginn ass, fir Liewensmittelwueren ze kafen, an haut läit dat bei maximal 15 %!

Et muss een och soen, datt haut kachen éischer zu engem Hobby ginn ass. Dat soen ech awer net am Pejorativen, bestëmmt net! Mee do gesäit een awer, wat fir e Wandel u sech awer dee ganze gastronomeschen Deel matgemaach huet.

An awer ass et méi wéi jee wichtig, datt mer eng seriö Kontroll vun de Liewensmittel hunn. Et gëtt eng Rei Skandalen, an hei sinn déi jo schon opgezielt ginn, déi eis natierlech interpelléiert hunn an der Vergaangenheet. Ech denken un d'BSE-Kris, d'Maul- a Klauseseuch, d>Listerios, Fipronil oder mat Dioxine vergëft Gefligel.

Dat huet derzou bäigedroen, datt eeben, wéi gesot, dee ganzen Arsenal vun de Kontrollen an deene leschte Jore verbessert ginn ass. Ech mengen, d'Skrupelosegkeet bei Fenzelen ass einfach ze grouss. Déi huelen a Kaf, datt Mënschen net nëmme schwéier krank ginn, mee souguer zum Deel och stierwen. D'Kontroll vun de Liewensmittel ass natierlech eppes extreem komplexes, an dowéinst ass et och wichtig, datt dat um europäeschen Niveau méi wéi jee harmoniséiert gëtt.

Wa mer vu Kontroll vu Liewensmittel schwätzen, si mer natierlech och ganz séier bei der Haltung vun Déieren, an dowéinst ass et och gutt, datt dëst Gesetz selbstverständlech dat och mat beinhaltet.

Et war méi wéi iwwerfällg, kann ee scho bal soen, datt eng Rei vu Kompetenzen, déi dorëmmer opgedeelt waren, elo endlech an engem eenzele Gesetz an och an enger eenzeger Verwaltung gebündelt ginn. Dat war net esou einfach: Ech wëll drun erënnere, datt schon am Joer 2000 den deemolege Gesondheetsminister an den deemolege Landwirtschaftsminister den Effort gemaach haten, fir u sech déi Kompetenzen ze bündelen. Dat ass jo schon eng Zäitchen hier. An 2014 gouf et souguer nach 21 verschidde Kontrollsystemer hei zu Lëtzebuerg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen hei och keen Heel draus, datt meng Partei mam Term „Agence“ awer eng Rei Problemer hat. Ech hunn och selwer an der Kommissioun jo fréizäiteg drop higewisen, datt deen Term vläicht net ganz glécklech gewielt wier, well mir beweegen eis hei jo an engem Domän, deen awer wierklech d'Hoheitsrecht vun enger staatlecher Verwaltung sollt sinn, an datt deen Term „Agence“ vläicht géif e bëssen ierféieren. Dowéinst sinn ech natierlech frou, datt och de Conseil d'État dat esou gesinn huet an datt och den Term „Agence“ falegelooss ginn ass.

Wat elo d'Delegatioun vun den Aarbechten ubelaangt, ech mengen, och dat war jo e Punkt, deen diskutéiert ginn ass. Effektiv, eng staatlech Verwaltung soll sou wäit wéi méiglech autonom fonctionéieren, sou mann wéi méiglech dann no bausse verlagere. Mee et muss een awer och hei ganz realistesch sinn: Besonnesch an deem Beräich hei kommen awer emol Aufgaben op déi Verwaltung duer, déi vläicht net kënnen vun deem Arsenal selwer gemaach ginn, sou datt och do muss Recours op extern kompetent Leit gemaach ginn. Dowéinst kann een dat awer a priori selbstverständlech matënnerstetzen.

Ech denken hei zum Beispill och un déi europäesch Agence fir d'Liewensmittelkontroll, déi hire Sëtz jo zu Parma huet a mat där ee sech och an Zukunft eng gewëssen Zesummenaarbecht virstelle kéint.

Déi Verwaltung hei ass jo vum Personalstandpunkt hier gekuckt net limitéiert. Och dat ass u sech richteg esou. Ech mengen, iwwert d'Budgetsgesetz ka jo de Personalbestand dann och adaptéiert ginn. Well et dierf een net vergiessen, datt hei awer ëmmer erëm nei Ufuerderunge kommen, an dowéinst kann een ni ausschléissen, datt gegebenefalls mussen Adaptatiounen kommen.

Et ass och scho virdrun hei ugeschnidde ginn, wat eeben elo d'Direktioun ubelaangt, déi sech jo aus dräi Leit zesummesetzt a wou dann de Collège vétérinaire – zu Recht – gefrot hat, datt mindestens ee Veterinär misst do dra sinn: Där Meenung si mir och. An de Minister huet jo do schon déi Ausso gemaach a vu datt een deem Minister hei jo kann trauen, ginn ech dann och dovun aus, datt dat och ...

**Une voix | Très bien!**

**M. Gusty Graas (DP) |** ... wäert esou sinn an datt dann och mindestens ee Veterinär wäert an där Direktioun do sinn.

Och nach e Wuert vläicht zu den Taxen: Datt hei d'Tax gehuewe ginn ass, ass u sech och näischt Aussergewöhnlech, an et ass jo e Seuil vun 100 Euro festgeleecht ginn.

Vläicht eng lescht Remark nach: Mat dësem Gesetz gëtt jo u sech e bëssen déi classesch Veterinärverwaltung ëmgeännert, ech mengen, eng Veterinärverwaltung, där hir Racine schon op 1814 zrëckginn. Do gesäit een also, wat fir eng laang Traditioun d'Veterinärverwaltung an eise Gesellschaftleche Liewen huet, wat och ganz luewenswäert ass.

Ech wëll ofschléissend soen, datt dat hei e wichteg Gesetz ass. Et ass ouni Zweifel e qualitative Schrëtt no vir. Ech wëll och den Auteurs hei nach eng Kéier felicitéieren, well dat do war keng einfach Aufgab, an och deene Leit, déi sech scho virdrun doriwwer Gedanke gemaach hunn.

Natierlech geet et net nëmme duer, datt mer elo eng nei Verwaltung hei schafen, datt mer eng gutt Struktur um Niveau vum Gesetz hei schafen, mee déi Struktur muss och mat Liewe gefëllt ginn. An och do dierfe mer net ze vill knausereg sinn, wann et drëms geet, fir déi Laboratoire mat deem beschtméigleche Material ze ekipéieren. A wéi gesot, eeben och, wa mer ganz gutt Personal brauchen, da solle mer och do net ze vill restriktiv virgoen.

Ech wëll dann ofschléissend awer nach eng Kéier soen, datt d'DP dat Gesetz hei begréisst. An ech soen och der Madamm Burton Merci fir hir verschidde Rapporten. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Graas. Da wier et un der honorabelen Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Chantal Gary** (déi gréng) | Här President, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, Här Minister, wéi meng Virriedner et schonns gesot hunn, geet et bei dësem Projet de loi ëm d'Kreatioun vun der Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire. Dës Administratioun soll d'Aktivitéiten aus scho besteende Servicer op enger Plaz bündelen. D'Iddi ass et, d'Kontrollen all an enger Hand ze hunn, dat am Sënn vu méi Effikassitéit.

Mat esou engem Point de contact unique soll et och fir de Konsument méi einfach ginn, seng Froe kënnen ze stellen a séier e Retour dorobber ze kréien. Heimat stärke mer also d'Effikassitéit an d'Effizienz vun der Kontrolle vun eise Liewensmittelketten a vereinfachen och d'Prozeduren.

E ganz speziellen Akzent läit hei op der Liewensmittelsécherheet, dat aus der Perspektiv vum Konsument gekuckt. Letztendlech geet et jo och ëm de Konsumenteschutz. Et soll séchergestallt sinn, dass dat, wat um Teller lant, och déi néideg Qualitéitskrittären a Sécherheetskrittären erfëllt. Et ass also wichteg, dass eis Liewensmittelketten op allen Niveaue kontrolléiert gëtt, ugefaange beim Déierefudder, fir dass keng Pestiziden oder aner gëfteg Stoffe op eisen Tellere landen. Besonnesch säit der Pandemie hu mer gesinn, dass d'Leit wësse wëllen, wat se iessen a wat dran ass. Och den Heijen Ofszu vu Bioliewensmittel spigelt dat zréck. Hei muss op alle Fall de Konsumenteschutzministère, dee jo an der Santé läit, säi Rôle spillen an effektiv intervenéieren, wa bei Kontrolle Réckstänn fonnt ginn.

Des Weideren organiséiert a realiséiert dës nei Administratioun Kontrollen am Beräich vun der Déieregesondheet an och am Beräich vum Déierewuel. Mat méi klare Responsabilitéiten innerhalb vun der nei Administratioun ginn dës Kontrollen hoffentlech nach eemol besser. Dëst ass och immens wichteg fir eis sougenannt Notzdeieren, dass hei reegelméisseg streng Kontrolle gemaach ginn, ugekënnegt an och net ugekënnegt Kontrollen.

Hei hätt ech nach eng konkreet Fro un de Minister: Wou si mer dru beim Thema Kupéiere vun de Schwéngsschwänze? Dat ass jo eigentlech, wa keng medezinnesch Grënn virleien, säit 1994 EU-wäit verbueden, mee gëtt awer nach routineméisseg gemaach. Meng Fro wier, ob dës Administratioun, déi jo och a Saachen Déiereschutz soll informéieren a prevenéieren, hei eng Roll spillt, fir op dës scho laang verbuede Praktik ze sensibiliséieren.

Zum Schluss soen ech natierlech nach der Rapporteuse Tess Burton e grouse Merci fir den ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. An heimat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Gary. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, fir unzefänke wëll ech der Madamm Tess Burton en härezeleche Merci soe fir hire gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport. Mir begrëssen dëst Gesetz a wäerten et och matstëmmen. Erlaabt mer awer vläicht, zwou Remarken ze formuléieren.

Fir d'éischt wëll ech soen, dass mir eis dem Avis vum Collège vétérinaire ausdrécklech uschlëssen. Dës verlaangt, dass engersäits mindestens eng Persoun vun der Direktioun vun deem nei gegrënnte Service e Veterinär misst sinn. Doriwwer eras ass hien der Meinung, dass och de Poste vum Direkter engem Veterinär sollt virbehale sinn. A sengem Avis ass de Collège vétérinaire nämlech der Meinung, dass de

Veterinär duerch säi Wëssen, seng Kompetenz an Erfahrung de richtegen Acteur ass, fir all d'Ufuerderunge vun där nei Administratioun, déi gegrënnt gëtt, ofzedecken. Mir gesinn dat genauso a mir kënnen eis duerfir och nëmmen deem Avis uschlëssen.

Den zweete Punkt betrëfft d'Kompetenze vum neie Service. Et muss ee wëssen, dass d'Kompetenze vun deenen zwou Administratiounen, déi elo zu enger fusionéieren, hei integral iwwerholl ginn. Nieft der Kontroll vun der Liewensmittelsécherheet wëll ech ausdrécklech betounen, dass och d'Kompetenzen am Hëlleck op d'Déierewuel musse Prioritéit hunn. Ech mengen, duerfir wëll ech emol eise Baueren all Merci soe fir hir aartgerecht Haltung vun Déieren. Souwäit mir bekannt ass, sinn déi lescht 10, 15 Joer keng Saachen hei opgedeckt ginn a Form vu Skandalen. Ech mengen, dat schwätzt fir sech.

*(Interruption)*

Souwäit ech weess – ech schwätze vun de Baueren.

An dann hätt ech awer nach eng Fro iwwer den internationalen Déierentransport, wéi deen iwwerwaacht gëtt. Läit dat an der Kompetenz vun dëser Administratioun oder gëtt dat nach ëmmer ausgelagert op aner Saachen? Ech mengen, dat wier eng interessant Fro, op déi een awer vläicht kéint eng Äntwert kréie vum Här Minister.

Dat gesot, ginn ech den Accord zu dësem Projet an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Engelen. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. D'Liewensmittelsécherheet ass zimmlech wichteg. Bon, et ass elo kee Geheimnis: Och ech konsuméiere gär den déi Liewensmittel. Mee et ass immens wichteg, dass d'Leit op gutt Liewensmittel kënnen zréckgräifen, déi virun allem och gutt kontrolléiert sinn. Heiansdo huet een de Phenomeen, dass een zwar hiege an den deiersten Ueleg géif kafe fir a säin Auto, deen dausendmol kontrolléiert ass, mee awer niewendrun an den Discounter geet fir iergendee Stéck Fleesch, wou keng Kontrolle sinn. Dofir ass d'Liewensmittelsécherheet immens wichteg.

Wou ech awer haut wollt d'Prioritéit drop setzen, dat ass den Déiereschutz, well dat ass nämlech och e ganz wichteg Projekt an dësem Gesetz mat der Veterinärsinspektioun. Bon, et ass bekannt, dass d'Déiereschutzgesetz, wéi et am Moment do ass, fir mech nach ëmmer schlecht ass an net wäit genuch geet an d'Rechter vum Déier net wäit genuch encadréiert an dass do e vill bessert misst kommen. Mee op d'mannst kréie se elo d'Méiglechkeet, ganz koordinéiert Kontrollen ze maachen, wat den Déiereschutz ubelaangt, zumindest am Kader vun deem aktuelle Gesetz, wat – soe mer mol – besser ass wéi näischt, mee awer bei Wäitem net duergeet.

Well hëlt een zum Beispill d'Schluethaiser hei am Land, do feelt et dann och nach u Kontrollen. Do sinn da Kontrollen, wou zwar de Veterinär ëmmer do ass ... Ech hat do eng parlamentaresch Fro, virun zwéi, dräi Joer war dat, wéi ganz skandaléis Videoe jo zirkuléiert si vun Déieren, déi nach hallef liegew do auserneegeschnidde gi sinn. Do sinn dann zwar sporadesch Kontrollen, wann dann ee vun der Veterinärsinspektioun kucke geet, mee natierlech geet dat eis Piraten guer net duer.

Do misst eigentlech fir all eenzel Déieren nogekuckt ginn, ob déi richtig behandelt ginn, a virun allem

hannerfrot ginn, wéi déi Schluethaiser iwwerhaapt fonctionéieren. Dat ass nämlech nach e ganz anert Thema, wat zwar net zu dësem Gesetz passt, mee d'Schluethaiser a sech missten och nach eng Kéier hannerfrot ginn, och mat den Aarbechtskonditiounen.

Et si ganz vill Baueren hei am Land, déi d'Déierewuel ganz seriö huelen. Dat mierken ech ëmmer erëm, wann ech bei de Baueren op Besuch sinn, fir mer dat ukucken ze goen. Et sinn awer och leider schwaarz Schof, déi derbäi sinn, déi hir Kéi nach ëmmer einfach un den enkste Ketten an ouni Waasser, ouni iergend-eppes do leien hunn an deenen d'Béischten dann deementspreechend ganz egal sinn.

An do ass et ganz wichteg – ech hat do och rezent nach eng Question parlementaire derzou –, dass déi nei Verwaltung vill méi oft dohinnergeet, vill méi oft kontrolléiert an och ganz genau weess ... An ech mengen, ech si jo och am Kontakt mat deene Leit, déi kontrolléieren ginn, déi wësse jo och e bëssen, wou hir Clientë sinn. A wat een eigentlech dann oft vun hinnen ze héiere kritt, ass: „Jo, mir géife jo nach gäre méi kontrolléieren“, wat am Moment am Gesetz méiglech ass, „mee mir hunn eeben net esou vill Beamten an der Inspektioun.“ Dat ass ee vun de Problemer, dass zwar de Konsum an d'Luucht geet am Land, dass vill méi Déiere geschluet ginn, vill méi Déiere gehale ginn – an alle Perspektiven, well dat geet jo vu kleng bis grouss –, an awer d'Personal net nokënn.

Dofir ass meng Fro un de Minister, wann elo jo schonn déi nei Administratioun do ass, ob dann och d'Personal wäert massiv opgestockt ginn. Well et ass jo dat selwecht bei den Déierentransporten. Mir hate jo och do eng speziell Kommissioun derzou, wou mer jo och erausfonnt hunn, laut Thilly Metz, dass och zu Lëtzebuerg net alles esou gutt leeft, wéi et sollt lafen, an dass och do nach villes muss nogebessert ginn.

Ech mengen, Dir kennt alleguerten deen EU-Dossier. An dat heiten ass jo och eigentlech deen éischte Schrëtt, dee mer kéinte maachen, fir dass zu Lëtzebuerg méi Kontrolle sinn. Well zu Lëtzebuerg ass jo och erauskomm am EU-Dossier, dass d'Kontrollen net wierklech stattfonnt hunn a se ganz minimal waren, obwuel Lëtzebuerg duerch de bëllegen Diesel en Transitland ass, wou immens vill Déierentransporter duerchfueren.

Mir ass och bewusst, dass dat eng ganz kleng Zäitfënster ass, wa se hei fueren, mee wa Lëtzebuerg géif konsequent kontrolléieren, hätt mir op d'mannst emol do alleguerten déi Déieren, déi a ganz, ganz schlechte Konditiounen transportéiert ginn ... Bon, meng Meinung ass souwisou, et soll een d'Déieren net wäit transportéieren. 20, 30 Kilometer bis an d'nächst Schluethaus, dat géif duergoen. Mee op d'mannst déi, déi awer hei duerchfueren, déi misste vill méi kontrolléiert ginn.

Dofir ass et wichteg, dass an dëser Administratioun d'Déiererechter vill méi kontrolléiert a vill méi respektéiert ginn. An ech weess, dass een dofir och méi Budget a méi Personal brauch. Mee fir eis Piraten ass et ganz kloer, dass, wa mir d'Déieren halen, fir dass se herno op eise Teller an duerno am Bauch landen, da musse mer awer och alles maachen, dass hinnen déi Zäit virdru sou angeneem an agreabel wéi méiglech ass an dass och dee Moment, wou se dann eebe geschluet ginn, ënner enger ganz strenger Kontroll stattfënt, dass do keng eng Schinn ass, wou een nach kann Abus driewen. Well et ass wierklech do, wou d'Déieren herno immens vill leiden: vum Transport bis zur Schluechtung.

An do setzen ech elo mäi Vertrauen an de Minister, dass an deenen nächste Joren hei an der Verwaltung



nach eng Kéier e Gang bäigeluucht gëtt an dass och d'Personal opgestockt gëtt, fir dass se eeben – wat ech ëmmer als Feedback vum Terrain kréien – méi Méiglechkeete kritt, méi Stonne kritt, fir déi Kontrollen ze maachen. Dat gehéiert och zur Liewensmittelsécherheet, well bekanntlech kann een e gutt Liewensmittel just herstellen, wann de Bauer och fir e gutt Liewe vum Béischt gesuergt huet.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | Merci, Här President. Fir d'éischt merci un d'Rapportrice fir deen exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport, wou, mengen ech, alles drasteet, wat déi nei Administratioun ugeet, vum Historique bis zum État actuel.

Et ass richtig – an d'Virriedner hunn dat alleguer gesot –, dass mer hei verschidden Administratiounen zesummeleeën, fir éischters eng Simplification administrative ze maachen, zweetens och, fir d'Kräften, déi do sinn, ze bündelen, fir och méi kënnen um Terrain operationell ze ginn a fir eeben déi Liewensmittelsécherheet ze hunn an der Liewensmittelproduktioun, fir de Konsument an awer och doduerch de Produzent. Et sief dann och fir déi ganz Iwwerleeunge vun der Produktioun vum Feld bis op den Teller fir d'Restauratiounen – do falen och d'Crêchen drënner an d'Maison-relais –, fir eeben do op deem Niveau de Konsument ze schützen, wa Problemer do sinn. An dofir ginn déi Kontrollen och gemaach.

Ech wëll direkt och e ganz härezeleche Merci soen un déi verschidde Ministèren, Verwaltungen, déi hei matgeschafft hunn. Et ass jo och net ëmmer evident, wa mer aus dräi, véier Verwaltungen eng grouss Verwaltung maachen, déi een Haaptzil huet, also dat, wat hei genannt ginn ass. An dofir wollt ech awer och op dëser Plaz profitéieren, fir de Beamten, de Politiker, déi an deenen Dossieren aktiv waren, ob bei der Santé, am Ministère vum Konsumenteschutz oder och an der Landwirtschaft, Merci ze soen, dass déi Iwwerleeungen, déi do aneneegegraff hunn, eeben zu dëser Administratioun, zu dëser nei Administratioun, gefouert hunn.

Wou herno 100 Leit wäerte schaffen, Här Goergen. Et ass ugeschwat ginn: Déi Fusioun vun deenen Administratiounen erlaabt et nämlech och dann, méi operationell um Terrain ze sinn, fir Kontrollen ze maachen. Ech gi ganz kuerz dorobber an. Op déi verschidde Froen, déi gestallt gi sinn – wann ech elo mäi Blat hei nach kucken –, wollt ech agoen.

D'Madamm Modert hat gefrot no dem Organigramm. De Projet de loi gesäit jo vir, d'Direktioun mat zwee Adjoints, Poste d'adjoints, auszeschreien. Dat wäert geschéien, wat den Direktiounsposten ubelaangt, kommt, mer soen, elo Enn dëser Woch, Enn nächster Woch. Do hu mer de Profill schonn determinéiert. An da wäerte mer eeben och déi Adjoints natierlech dann duerno ausschreien, dass mer eng Direktioun hunn, déi dann och an déi Richtung geet an dann eeben d'Aufgaben och esou determinéiert, wéi se am Projet de loi virgesi sinn, fir och dann operationell ze ginn.

Dir hat no verschiddene Servicer gefrot. Ech kann Iech just soen, dass de Service juridique an den Import scho ronn ee Joer ongeféier zesummeschaffen,

dat natierlech, wat d'Harmonisatioun vun den Normen ubelaangt, awer och d'Iwwerpréiwung vun den EU-Normen, déi mer hei a Lëtzebuerg hunn, well dat jo och am Fong direkt ënnert d'Kompetenz vum Konsumenteschutz an domadder vun der nei ALVA fält.

Informatesch si mer opgestallt, dass heescht, déi Servicer schaffe schonn informatesch zesummen, sou dass och den Austausch do kënn. An de Virdeel vun där nei Administratioun ass eeben, dass hei een Usprichpartner ass, wou dat Ganz dann eeben analyséiert gëtt a wou d'Leit da kënnen hir Froe stellen, souwuel d'Konsumenten wéi d'Producteuren.

Ganz kuerz nach zur Fro vun der Madamm Gary, wat de Rôle vum Déiereschutz an d'Schwéngsschwanz ubelaangt. Dass ass schonn deelweis thematiséiert ginn, och a Question-parlementaire beäntwert ginn. Och d'Veterinärsinspektioun mécht do Kontrollen a kuckt, fir dass mat der Kommissioun awer och nach op engem aneren Niveau ze reegelen, notament op EU-Niveau, well do déi selwecht Problematik ass, notament, wéi den Här Goergen et och ugeschwat huet, wann Transporter sinn, wéi déi Kontrolle mussen sinn a wéi déi solle sinn. Also do si mer schonn zënter enger gewëssener Zäit an der Kompetenz, fir dass ze maachen, an dass ass natierlech a wäert och eng Kompetenz vun der ALVA, duerch d'Veterinärsinspektioun, bleiwen.

Dann, wat den internationalen Transport ubelaangt, deen den Här Engelen ugeschwat huet: Dir wësst, dass den internationalen Transport vu Béischten a Pays-tiersen zu Lëtzebuerg verbueden ass. Do hu mir als Ministère just fir Lëtzebuerg d'Kompetenz. Um Niveau vun der EU dränge mer drop, dass dat och gemaach gëtt, op jidde Fall, dass d'Standarden agehale ginn.

Den Här Goergen ass op verschidde Problematiken agaangen, wann een Transport duerch Lëtzebuerg féiert. Ech wëll just soen: Dass, wat Der hei geschwat hutt, ass am Fong eng Kritik un aner EU-Memberlänner an net u Lëtzebuerg. A Lëtzebuerg, denken ech, huet ee vun den héchste Levelen dodran, well mer d'Chance hunn, dass mer e klengt Land sinn, dass mer d'Schluechthaus hunn, dass direkt accessibel ass, wou d'Déieren net laang mussen transportéiert ginn.

A wa se an d'Ausland ginn, ass dann och derfir gesuergt ginn, dass se genuch ze drénken hunn, dass déi ganz Konditiounen iwwerwaacht ginn. An och den Depart an d'Arrivée vum Déierentransport gëtt iwwert d'Veterinärsinspektioun oder vun der Veterinärsverwaltung kontrolléiert, an domadder och elo vun där nei ALVA. An natierlech wäert déi Kontakter um internationale Plang huelen – wat och den Här Graas ugeschwat huet –, well den internationale Plang, wann ech den EU-Plang kucken, ass wichteg, fir déi Transporter eeben ënner wüdegem Ëmstänn ze maachen. An dofir ass Lëtzebuerg och op de Wee gaangen, fir vis-à-vis vu Pays tiers den Transport vun Déieren, déi net der Zuucht ënnerleien – d'Zucht ass nach ëmmer en anere Problem –, mee déi fir d'Produktioun, dass heescht d'Schluechten, ze verbidden.

Dass ganz kuerz, ech hoffen, dass ech elo kee vergiess hunn. Déi nei Administratioun, dass wësst Der – ech hunn elo net méi am Kapp, ob dat am Projet de loi stoung –, ass an der Rue Thomas Edison zu Stroossen, wou d'Büroen och scho sinn a wou se elo schonn operationell ass.

Dass gesot, freeën ech mech iwwer eng breet Zoustëmmung zu dësem Projet de loi, an dass mer eng Administratioun hei kréien, déi natierlech am Déngscht vum Konsument, vum Déierewuel a vun der Déieregesondheet steet. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7716. Den Text steet am Document parlementaire 7716<sup>15</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7716 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Félix Eischen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Mars Di Bartolomeo), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Francine Closener) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## **11. 7751 – Projet de loi modifiant :**

**1° le Code de la sécurité sociale ;**

**2° la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations des services et des juridictions de la sécurité sociale ;**

**3° la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension**

Mir kommen elo zum Projet de loi 7751, enger Aktualiséierung vun de Gesetzter am Beräich vun der Sécurité sociale. Mam Accord vun der Kommissioun gëtt no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. An ech géif direkt dem Rapporteur d'Wuert ginn, dem honorebelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

### **Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale**

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a

Kolleegen, de Projet de loi 7551 (veuillez lire: Projet de loi 7751) ass virun allem en technesche Projet. E begräift eng ganz Rei vu Modifikatiounen, et sinn der insgesamt bal 90, am Code de la sécurité sociale. Et si virun allem Adaptatiounen, déi gemaach ginn, fir de Code punktuell un eis Gesetzgebung unzepasse respektiv och emol kleng Feeler ze verbessere respektiv d'Terminologie ze harmoniséieren. Deemno wäerte mer mat dësem Projet iwwer eng méi propper Gesetzgebung verfügen.

Ech wäert Iech erspieren, op all déi 90 anzegoen, ...

**Plusieurs voix** | O!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | ... mee just déi wichtegst – an dat sinn der 89 – uschwätzen.

(Hilarité)

Een Deel vun de Modifikatiounen bréngt d'aktualiséierung vun de Verweiser op nei Gesetzer. Sou ginn zum Beispill Hiwaiser op dat fréiert RMG-Gesetz duerch nei op d'REVIS-Gesetz ersat. Bis elo ass via eng Note de bas de page am Code de la sécurité sociale drop verwise ginn, datt d'Gesetzgebung geännert huet. Elo gëtt dat, wéi gesot, méi propper duerch richteg Hiwaiser.

Da ginn och eng Rei Ännerunge gemaach, fir de Code de la sécurité sociale u Gesetzer ze adaptéieren, déi en Afloss op hien hunn, wéi zum Beispill d'Spidolsgesetz vun 2018.

Dëse Projet schafft och eng legal Basis, fir datt d'Verwaltungsrecht vun den Institutionen vun der sozialer Sécherheet kënne per Video- oder Visiokonferenz stattfannen.

Eng weider Neierung betrëfft d'Aarbechtsgruppen an den Institutionen vun der sozialer Sécherheet. Hei gëtt en entsprecheleg legale Kader geschaaft fir all déi verschiddenen Instanzen vun der sozialer Sécherheet, fir do eng gewëssen Harmoniséierung eranzebréngen. Domadder gëtt séchergestallt, dass Aarbechtsgruppe selbstverständlech weiderhi kënne gegrenzt ginn, fir u bestëmmten Dossieren ze schaffen, mee et gëtt awer och kloergestallt, dass d'Decisionsgewalt net bei deenen Aarbechtsgruppen, mee beim Verwaltungsrot läit.

Zu dësem Punkt hu sech verschidde Beruffskummen, engersäits d'Salariatskummer an hirem Avis an anerersäits d'Handelskummer an d'Chambre des Métiers an engem gemeinsamen Avis, kritesch geäussert. D'Salariatskummer huet doranner eng Ingerance an de Cogestounssystem vun de Sozialpartner gesinn. Deemno ass dee Punkt och an der Kommissioun vun der Sécurité sociale thematiséiert ginn.

D'Kommissioun huet ënnerstrach, datt et op kee Fall drëms dierft goen, d'Sozialpartner op iergendeng Aart a Weis auszuschalten. Sou kënnen an Zukunft d'Modalitéiten vun den Aarbechtsgruppen weiderhin duerch e Règlement interne vun de jeeweilegen Institutionen vun der Sécurité sociale prezisiéiert ginn. Domat bleift d'Flexibilitéit, fir Aarbechtsgruppen anzusetzen, bestoen. De Fait, dass zwee Membere vun Verwaltungsrot mussen an den Aarbechtsgruppe sinn, soll d'Kontinuitéit vun den Aarbechte sécherstellen. An da gëtt festgehalen, datt just de Verwaltungsrot d'Decisionsgewalt huet.

Dann äntwert dëse Projet op eng Fuerderung vun der Nationaler Datschutzkommissioun. Dës betrëfft den DSP, also den Dossier de soins partagé. D'Datschutzkommissioun huet gefuerdert, datt d'Dauer, fir wéi laang d'Donnéen am DSP stockéiert kënne ginn, sollt an engem Gesetz an net an engem Règlement festgehalen ginn. Dofir gëtt dës Dauer am Artikel 60quater vum Code de la sécurité sociale agefüügt.

Dës Dauer ass iwwerengs fir den Normalfall op zéng Joer limitéiert, kann awer mam Accord vun de betrafene Parteien verlängert ginn.

Niewent dësen Ännerungen um Code de la sécurité sociale gëtt mat dësem Projet och d'Gesetz vum 15. Dezember 1993 betreffend d'Personal vun den Administratiounen a Services vun der sozialer Sécherheet ofgeännert. Konkreet kritt heimadder de Contrôle médical d'Méiglechkeet, och Zännokteren anzustellen.

An dann ass och nach eng Ännerung vum Gesetz vum 28. Juli 2000 betreffend d'Koordinatioun vun de Pensionsregimenter virgesinn. Hei gëtt engersäits eng technesch Ännerung virgeholl, well et säit 2015 just nach ee speziellen Transitiounsregimenter gëtt, an anerersäits gëtt een Element betreffend d'Kumullierungsregeln tëschent Pensionen a bezuelten Aktivitéiten prezisiéiert.

Dir gesitt, dës ass e Gesetz, dat ganz technesch ass, wat awer noutwendeg ass, fir eis Legislatioun a virun allem eise Code de la sécurité sociale à jour ze halen.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun: Den Text ass den 22. Januar 2021 deponéiert ginn. De Staatsrot huet säin Avis den 8. März ginn. An dësem waren zwou formell Oppositionen formuléiert. An der Kommissioun ass dunn entscheet ginn, déi zwou entsprecheend Dispositionen ze sträichen, soudatt am Avis complémentaire vum Staatsrot, deen den 28. Juni komm ass, keng Oppositionen méi dra war.

Dir fannt am schrëftleche Rapport den Detail vun all deenen Ännerungen souwéi och Resümeeën vun deene verschiddenen Avisen. De Rapport ass d'lescht Woch en Donneschden eestëmmeg an der Kommissioun fir d'Sécurité sociale an d'Aarbecht ugeholl ginn an et ass proposéiert ginn, dëse Projet ouni Debat ze verofschidden.

An domat soen ech Iech en häerzleche Merci a ginn d'Wuert un Iech zréck, Här President. Merci gesot.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools. An ech soen dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo villmools Merci.

An ech ginn direkt d'Wuert un d'Regierung, un den Här Sozialminister Claude Haagen.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir deen exzellente schrëftlechen a mündlechen Rapport a merci un Iech all fir déi breet Zoustëmmung.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Haagen. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7751. Den Text steet am Document parlementaire 7751<sup>a</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7751 et dispense du second vote constitutionnel**

(Interruptions diverses signalant un problème technique et concertation interne y relative)

Mir fänke mam Ofstëmmen un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Neestëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Octavie Modert), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent

Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Félix Eischen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Laurent Mosar), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Diane Aehm) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Dan Biancalana), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Carlo Weber) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 12. 7909 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëten ass de Projet de loi 7909 iwwert de Platzverweis. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Léon Gloden, den Här Claude Lamberty, den Här Dan Biancalana, den Här François Benoy, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Nathalie Oberweis an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense**

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng), rapportrice | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech dierf Iech elo de mündlechen Rapport maachen iwwert de Projet de loi 7909 iwwert d'Garantie d'accès.

Fir de Kader eng Kéier ze stiechen: Mir schwätze jo schonn zënter enger Zäit iwwer allgemeng d'Problematik vum Quartier Gare. Et ass eng villschichteg Problematik vu sougenannte sozialen Hotspots, eenzelne Schicksaler, Kriminalitéit, Drogen a Beschaffungskriminalitéit an esou weider. An Dir kënnt Iech jo och sécher erënneren, dass mer viru ronn engem Joer schonn eng méi breet ugeluechten Debatt hei an der Chamber dozou haten, wou och finalement e Groupe interministériel geschafe ginn ass, dee sech souwuel de preventive Mesur wéi och de méi repressive Mesur gewidmet huet an dee virun allem och zum Zil hat, dës Problematik ressortiwwergräifend unzegoen.

A wa mer haut iwwert dëse Projet de loi schwätzen, da schwätze mer am Fong iwwert ee spezifesch Volet vun dëser méi breeder Diskussioun, an zwar de Volet vum Blocage vun den Entréesdieren duerch



Leit, déi sech hei etabléiert hunn an d'Libre circulation vun Awunner oder Clienten aschränken.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Mir schwätzen hei engersäits vun engem Salubritéitsproblem, anerersäits awer eeben och vum Problem, dass Leit net méi ongestéiert zu hirer Hausdier erakommen, wann dës blockéiert gëtt duerch Leit, déi sech do, oft ënnert dem Afloss vun Drogen, ausgebreet hunn. An da schwätze mer eeben net just méi iwwert de Quartier Gare, mee méi allgemeng iwwert déi Fäll, wou esou eng Situatioun kann antreffen, sief dat och an der Uewerstad oder op anere Plazen am Land.

Bis elo ass et esou, dass d'Police an dëse Fäll ganz wéineg bis guer keng Mainmise huet, an allgemeng ass ze beuechten, dass mer eis awer och an engem ganz, ganz delikate Spannungsfeld beweegen, wou d'Rechter vun deem enge souwéi vun deem anere musse respektéiert ginn a wou d'Proportionalitéit vun de getraffene Mesurë muss gi sinn.

Déi eng Wonnerléisung, déi gëtt et hei net. A fir zu enger Verbesserung vun der Situatioun bäizedroen, do geet et net duer, eleng eng eenzeg Pist ze verfolgen. Doranner si mer eis och an der Kommissioun alleguerten eens gewiescht, och wa mer eis net op all Punkt eens waren. Mee wat eebe konkret de polizeileche Volet ubelaangt, do ass et méiglech, den Hiewel unzesetzen, an dat ass och dat, wat mer haut am Kader vun dësem Projet de loi maachen.

Dozou ass nach ze bemerken, dass vu déi sensibel Matière, vun där mer hei schwätzen, d'Regierung virum Depot vum Projet de loi eng Demande un de Conseil d'État gestallt hat, fir dass dëse sollt Stellung huele par rapport zum Prinzipp vun esou engem Gesetz, fir d'Garantie d'accès zu ëffentlechen oder private Gebaier ze garantéieren. An der Demande un den ...

*(Brouhaha et brève suspension de son discours par Mme Stéphanie Empain)*

**Une voix |** Pardon!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng), rapportrice | Ech wëll jo wierklech kee stéieren, gell!

**La même voix |** ... de President.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Piano, Här President!

*(Hilarité)*

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng), rapportrice | Voilà. An dëser Demande un de Conseil d'État war kloer definéiert, dass et drëm géif ginn, den Accès zu an d'Sortie aus Gebailecheete sécherzestellen. De Conseil d'État war gefrot ginn, sech iwwert de Fong an d'Portée vun esou engem méigleche Gesetzestext ze prononcéieren. An a senger Prise de position doropshin huet de Staatsrot rappeléiert, dass esou Mesuren, wéi se proposéiert gi sinn, musse proportional sinn an dass se de Wäerter vun engem Rechtsstaat musse Rechnung droen. Si musse justifiéiert sinn duerch eng Necessitéit wéi zum Beispill déi, d'Rechter an d'Fräiheete vun aneren ze schützen.

Wéi dës Stellungnam vum Conseil d'État bis virlouch, ass dunn entscheet ginn, e Projet de loi auszuschaffen, deem drop sollt ausgeriicht sinn, d'Liberté de circuler ze garantéieren. An d'Proportionalitéit an dësem Fall bedeit, dass deem enge seng Fräiheet do ophält, wou en engem anere seng Fräiheet eeben aschränkt. Dat ass d'Basis, un där mer eis orientéiert hunn.

Wéi si mer elo konkret un déi Saach erugaangen? Also de Projet de loi, esou wéi mer en haut stëmmen,

bréngt eng nei Dispositioun an d'Policegesetz eran, déi et der Police eeben erlaabt, aktiv ze ginn, wann den Accès zu privaten oder ëffentleche Gebaier fir de Public net méi garantéiert ass.

An als Rappel nach eng Kéier: Aktuell huet d'Police hei keng wierklech Moyenen, déi et hir géifen erlaben, an esou Situatiounen ze agéieren, wou Persounen privat oder ëffentlech Agäng blockéieren.

De subtile Punkt, deem awer hei ze maachen ass, ass deem, dass déi betreffend Persoun net muss eng Gefor fir sech oder fir d'Sécurité publique duerstellen. Et geet duer, dass se eng Entrée blockéiert an aner Persounen an hirer Beweegungsfräiheet aschränkt, fir dass en Aschreiden, bis hin zum Éloignement par la force vun dëser Persoun, ka stattfannen.

Wichtig ass, dass e kloren a proportionale Kader geschafe ginn ass, deem déi fundamental Rechter an d'Beweegungsfräiheet vu jidderengem a Betruecht zitt. Fir sécherzestellen, dass d'Beweegungsfräiheet vun der Allgemengheet engersäits assuréiert ass, muss anerersäits d'Beweegungsfräiheet vun där Persoun, déi eng Entrée blockéiert, ageschränkt ginn.

An hei wéilt ech dann och op eng Proposition de loi 7589 vun de Kollege vun der CSV verweisen, déi si hirersäits och schon am Mee 2020 deposéiert haten. Et louchen dem Staatsrot also schlussendlech zwee Texter pour avis vir, also dee vun der CSV an dee vun der Regierung. Déi Texter hu sech an hirer Ausrichtung an an hire Léisungssätz och staark ënnerscheet.

A sengem Avis zu der grad genannter Proposition de loi huet de Staatsrot allerdéngs eng Partie Kriticken an Oppositiounen ausgeschwat, soudass dësen Text du schnell aus dem Renne war, a schlussendlech huet d'CSV dësen Text och zrëckgezunn. An ech wäert herno nach eng Kéier ganz kuerz dorobber zrëckkommen.

Wat elo konkret dëse Projet de loi ubelaangt, do gëtt en neien Artikel 5bis agefouert, deem der Police eeben déi legal Basis gëtt, fir am Fall, wou eng Entréesdier vun enger Persoun blockéiert gëtt, déi Persoun ze approachéieren a se ze bieten, den Accès fräizemaachen. Falls dës Persoun dësem Rappel à l'ordre net nokënn, kann d'Police dës Persoun bieten, d'Plaz ganz ze verlossen. A sollt déi Persoun dann nach ëmmer net dem Opruff vun der Police nokommen, da ka se och mat Force do ewechgehol ginn.

Déi nei Mesure vum Rappel à l'ordre oder vum Éloignement ass en Outil vun der Police administrative a si bitt eng ausräichend Sécurité juridique, dat souwuel fir de Polizist oder d'Polizistin wéi och fir déi concernéiert Persoun. Esou eng administrativ Mesure ass net als Sanktioun ze verstoen, mee si ass dofir do, schnell op eng Situatioun ze reagéieren, mam Zil, den Ordre public erëm kënnen hierzestellen.

Mir schwätzen hei vun der Entrée respektiv der Sortie vun all Gebai, wat accessibel fir de Public ass, wéi zum Beispill administrativ Gebaier, Familljenhaiser, Appartementshaiser, Commercen, Restauratioun, Lifter, Garagen et cetera, an et ass also net applikabel fir Lieux non accessibles au public. An deene Fäll si mer am Beräich vum Droit pénal an der Police judiciaire.

Der Police hir Interventioun muss ëmmer proportional zur Situatioun sinn an intern Prescriptions de service gi kloer Reegele vir, wéi am Allgemengen op d'Force zrëckgegraff ka ginn.

Des Weidere gëtt an dësem Gesetzestext och den Artikel 5 dohigeend ofgeännert, dass d'Police d'Méiglechkeet kritt, och am Kader vun der Garantie d'accès Identitéitskontrollen ze maachen.

Wat d'Aarbechten an der Kommissioun ubelaangt, esou ass den Text, iwwert dee mer haut ofstëmmen, den 8. November 2021 deposéiert ginn. Ech gouf de 6. Januar als Rapportrice designéiert an de Conseil d'État huet säin Avis de 26. Abrëll ofginn. An ech wäert hei kuerz op deen Avis agoen.

De Conseil d'État huet nach eemol op d'Wichtigkeet vun der Proportionalitéit higewisen. E mécht awer och eng Partie Observatiounen, esou zum Beispill um Niveau vun der Distanz, op déi eng Persoun mat Force kann ewechbruecht ginn, dass déi misst preziséiert ginn. An de Conseil d'État stellt sech och d'Fro, ob den Term „bâtiment“ hei richtig gewielt ass, well een domadder zum Beispill Parken net mat ofdeckt, deenen hir Entrée och kann duerch Drëtter blockéiert ginn.

D'Kommissioun huet dës Fro majoritär mat Jo beäntwert. Deen Term wär richtig gewielt, well et laut Artikel 3 vum Policegesetz souwisou an de Missiounen vun der Police ass, fir fir den Ordre public ze suergen an eng generell Surveillance ze assuréieren op deene Plazen, wou se agéiere kann, wéi zum Beispill eebe Parken. An d'Kommissioun huet den Term „bâtiment“ zrëckbehalen, well et jo an der ganzer Diskussioun, déi scho laang gefouert ginn ass, och ëmmer eebe justement heirëm gaangen ass: ëm d'Entrée an d'Sortie vu Gebaier.

Den 21. Juni hu mir den Avis vum Conseil d'État eeben och ënnert d'Lupp geholl an hunn dunn och en Amendement am Projet de loi adoptéiert, dëst fir dem Avis vum Conseil d'État Rechnung ze droen, dee sech och gefrot huet, wisou mer am initialen Text vun „entrave et blocage“ geschwat hunn, wou e Blocage jo d'office eng Entrave duerstellt, an dat Wuert „blocage“ ass also gestrach ginn.

An an der selwechter Reunioun huet d'CSV hir Proposition de loi dunn zrëckgezunn a gläichzäiteg awer zwou nei Propositionen fir Amendementer zum virleiden Text ofginn.

De Conseil d'État huet säin Avis complémentaire den 30. Juni ofginn an deen hu mer dunn, geneesou wéi déi nei Amendementer vun der CSV, och de 5. Juli an der Kommissioun op den Ordre du jour geholl.

Zum Avis complémentaire vum Staatsrot ass näischt méi ze soen, dono hat den Text de Feu vert kritt. Wat d'Propositiounen, d'Amendementer vun der CSV ubelaangt, do ginn ech dervunner aus, dass den Här Gloden herno nach eng Kéier drop ageet, an da ginn ech elo net am Detail drop an.

Ech géif just nach eng Kéier zrëckkommen op déi Argumenter, déi mer och an der Kommissioun säitens der Plicedirektioun kritt hunn: dass deen Artikel, esou wéi en elo vun der CSV proposéiert ginn ass, vun engem Comportement „de manière à créer un danger grave, concret et imminent pour la sécurité publique“ schwätzt. Mee den aktuellen Artikel 14 aus dem Policegesetz gesäit aktuell als Konditioun och scho Folgendes vir, nämlech „la mise en détention administrative d'une personne majeure qui compromet l'ordre public ou qui constitue un danger pour elle-même ou pour autrui“.

Dat heescht konkret, dass, wann een den aktuellen Text an d'Amendementspropositioun vun der CSV matenee vergläicht, dann en gros déi selwecht Grondkonditiounen missten erfëllt ginn, fir dass d'Police kann aktiv ginn, mam Problem dann awer, dass de Polizist oder d'Polizistin herno misst appreciéieren, wéi een Artikel ee misst applizéieren. D'autant plus, dass, wa mer elo de Kär vun der Problematik ukucken, nämlech de Blocage vun Entréesdieren zum Beispill duerch Heescherten, da si mer eebe justement net am Cas de figure vun engem Comportement „de manière à créer un danger grave, concret

et imminent“. Dat heescht, dass de proposéierten Text och keng Léisung fir déi Situatioun, déi nun emol awer déi ganz Diskussioun geleet huet, gebueden hätt.

Dofir huet d’Kommissioun du schlussendlech, baséierend op dësen Argumenter, sech géint dës Amendementspropositionen ausgeschwat, soudass mer de Rapport, wéi en haut virläit, den 8. Juli dunn och ugeholl hunn.

Mir hunn och weider Avise kritt: Vum Syvicol de 6. Dezember, an d’Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet eis Ufank Januar 2022 och hiren Avis zoukomme gelooss. Den Avis vun der Mënschrechtskommissioun ass eis den 20. Juni 2022 zougestallt ginn. Si geet nach eemol drop an, dass all solch Measure muss proportional sinn an dass dat subjektivt Sécherheetsgefill vun de Leit eleng net dierft esou Mesurë legitiméieren. D’CCDH seet zwar wuel, dass esou eng Measure ka justifiéiert sinn, fir eeben d’Rechter vun der Allgemengheet ofzesécheren. Si mécht sech awer Suergen, ob déi aner Consideratiounen, wéi eng inklusiv Gesellschaft, d’Zesummeliewen an d’Dignitéit vun all Mënsch, ausräichend a Be-truecht gezu gi sinn.

Fir all weider Detailer, och zu de jeeweilegen Avisen, géif ech hei dann natierlech och gären op de schrëftleche Rapport hiweisen, deen awer méi komplett ass.

Ofschlëssend wollt ech soen: Dir gesitt, dass mer hei versicht hunn, e gudden Mëttelwee ze fannen, e gudden Mëttelwee an engem Spannungsfeld, wou mer eis all eens sinn, dass dës Gesetzestext eleng och net duer-geet, fir d’gesamt Problematik ze léisen. Mee et ass e Puzzlestéck dovunner. Den A an O sinn ëmmer nach déi preventiv Mesuren, déi sozial Prise en charge vun de Leit, dezentaliséiert Strukturen a genuch „Housing First“-Angeboter. A mir kruten och an der Kommissioun versécher, dass d’Police ganz gutt mat de soziale Servicer zesummeschafft an deemno eeben och dee Lien ka gemaach ginn, wann eng Persoun eierens misst eloignéiert ginn. Well et geet jo och net duer, se dann e puer Meter méi wäit hinzeversetzen an de Problem just ze verlageren.

Mir ginn der Police awer heimadder konkreet Moyenen, fir op e punktuell Problem kënne reagéieren, an dat awer op eng Aart a Weis, déi am mannsten intrusiv ass an am Respekt vun de Mënscherechter bleift. An dofir an an deem Sënn ginn ech dann och heimadder den ...

*(Interruption)*

Nee, ech ginn en nach net. Ech ginn en nach net. Automatisme, pardon, et kënnt nach een no.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Et wier awer keen Iech béis gewiescht.

*(Hilarité et brouhaha)*

An domat huet d’Wuert den éischte Riedner, den Här Léon Gloden.

**Discussion générale**

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Här President. Den Här Kartheiser ass ganz nervös hei op menger rietser Säit.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen: „Zwei Seelen wohnen, ach! in meiner Brust“, huet de Goethe geschriwwen.

*(Exclamations)*

An ech stinn haut ...

*(Brouhaha)*

Mir hunn zu Gréiwemaacher de Weekend „230 Joer Goethe zu Maacher“ gefeiert, duerfir ...

**Une voix** | A, dat éiert Iech!

**Une autre voix** | Wat huet en elo gesot?

**M. Léon Gloden** (CSV) | Déizäit war de Problem net vum Platzverweis. An ech stinn haut hei mat engem laachenden an engem kräischenden An. Mat engem laachenden An, well endlech d’Regierung unerkannt huet, datt d’CSV Recht huet mat hire Fuerderunge säit Enn 2018, datt et e Problem gëtt an datt e Platzverweis muss agefuert ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Mir hunn et oft genuch hei op dësem Pult gesot. Mir hu schonn 2019 en Amendement zum Policegesetz deponéiert. Mir hunn 2020 eng Proposition de loi deponéiert. Mir hunn et an deenen onzielen Diskussiounen iwwert d’Evaluatioun vum Policegesetz gesot. An et war ëmmer en totale Blocage, an dat, obwuel ee vun de Koalitionspartner vun der Regierung, d’DP, genau mat der CSV op enger Linn ass, ...

**Une voix** | Très bien! Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | ... fir e generelle Platzverweis anzeféieren. Ech erënneren u groussaarteg Riede vum Här Hahn, vun der DP Lëtzebuerg mat un hirem Spëtzt der Madamm Buergermeeschtesch, déi ëmmer erëm de Problem an och d’Léisung vum Platzverweis opgezielt huet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Elo ass et awer esou, an da kommen ech zu der zweeter ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Wat seet de Staatsrot dozou?

**M. Léon Gloden** (CSV) | Lauschtert no, Här Kersch! Lauschtert no, lauschtert no! An elo ass et awer esou, an da kommen ech zu der zweeter Sëil a menger Broscht: De Projet de loi, esou wéi e vun der Regierung deponéiert ginn ass, geet net duer! An ech wëll awer der Madamm Rapportrice Merci soe fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. A si huet och ganz fair, an ech soen dat och hei, d’Positioun vun der CSV am Rapport zrëckgeholl. Ech hunn dat nach eng Kéier musse soen, dunn ass dat awer geschitt.

*(Interruption)*

Duerfir merci, well e Rapport soll ëmmer dat zrëckginn, wat an enger Kommissioun diskutéiert ginn ass. An d’Missioun vun engem Rapporteur oder enger Rapportrice ass et, objektiv dës Diskussiounen zrëckzeginn. Merci duerfir, Madamm Empain.

Mee déi Measure, dat ass e groussen Ënnerschied zu der Propos vum der CSV. An ech deponéieren nach eng Kéier hei d’Amendement, Här President, fir dat hei zur Ofstëmmung kommen ze loossen, éier mer de Projet de loi da vun der Regierung stëmmen.

**Amendement 1**

*À la suite du nouvel article 5bis de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale, il est ajouté un article 5ter nouveau avec la teneur qui suit :*

« Art. 5ter. (1) Lorsqu’une personne se comporte de manière à créer un danger grave, concret et imminent pour la sécurité publique, la Police peut rappeler à l’ordre la personne.

*Lorsque la personne n’obtempère pas au rappel à l’ordre, la Police peut enjoindre la personne de s’éloigner des lieux.*

*En cas de refus d’obtempérer immédiatement à l’injonction donnée, la personne peut être éloignée, au besoin par la force.*

*Dans le cas d’un éloignement par la force, un rapport est dressé par l’officier ou l’agent de police administrative ayant procédé à l’éloignement. Ce rapport mentionne le nom de l’officier ou de l’agent de police administrative qui y a procédé, les motifs qui ont justifié la force, le lieu, la date du début et de la fin de l’intervention, ainsi que le nom et le prénom et la date de naissance de la personne éloignée.*

*Le rapport est transmis au ministre et au bourgmestre compétent et copie en est remise à la personne.*

*(2) Lorsque la personne visée au paragraphe 1<sup>er</sup> fait l’objet d’un deuxième rappel à l’ordre ou d’une deuxième injonction de s’éloigner ou est éloignée par la force une deuxième fois endéans un délai de 24 heures, elle peut être mise en détention administrative conformément à l’article 14. »*

**Commentaire**

*Il est proposé de compléter le catalogue des mesures de police administrative à disposition des agents de la Police grand-ducale pour assurer le maintien de l’ordre public, d’un « Platzverweis » généralisé, i. e. non limité à l’entrée ou à la sortie de bâtiments accessibles au public.*

*L’injonction de s’éloigner des lieux à l’adresse d’une personne dont le comportement compromet la sécurité publique doit être précédée par un rappel à l’ordre de la part des agents de police. Ce n’est donc que si la personne en question n’obtempère pas au rappel à l’ordre que la Police peut lui enjoindre de quitter les lieux et en cas de refus, l’éloigner par la force. Dans ce dernier cas de figure, les agents de police seront tenus de dresser rapport.*

*(s.) Léon Gloden, Nancy Arendt épouse Kemp, Jean-Marie Halsdorf, Laurent Mosar, Claude Wiseler.*

**Amendement 2**

*À l’article 5, paragraphe 2, alinéa 1<sup>er</sup>, de la même loi, le numéro d’article « 5ter » suivi d’une virgule est inséré entre le chiffre « 5bis » et le chiffre « 7 ».*

**Commentaire des articles**

*Alors que les agents de police sont tenus de dresser rapport en cas d’éloignement forcé d’une personne, ils devront nécessairement connaître l’identité de la personne concernée. Le présent amendement leur permet dès lors de procéder audit contrôle d’identité.*

*(s.) Léon Gloden, Nancy Arendt épouse Kemp, Jean-Marie Halsdorf, Laurent Mosar, Claude Wiseler.*

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Do gëtt et grouss Ënnerscheeder. An eis Propos ass kloer, et si kloer Krittären an et gëtt keng Marge de manoeuvre fir d’Police. Well wa mer eppes maachen, muss d’Police kloer Instruktiounen hunn. Mir sinn hei an engem sensibelen Beräich, do ginn ech der Rapportrice Recht. Duerfir mussen d’Instruktiounen kloer sinn, d’Krittären musse kloer sinn. An d’Measure, déi den Här Kox proposéiert, ass net kloer, an de Staatsrot – Här Kersch, lauschtert gutt no! – seet dat ganz kloer a sengem Avis!

**Une voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Well d’Measure, déi d’Regierung proposéiert, limitéiert sech op d’Entréeën an d’Sortieën vun engem Gebai, wat entweder e privat Gebai ass oder en ëffentlecht Gebai, wou de Public erageet. Wat heescht dat konkreet? A kommt, mir huelen emol hei de Fall vun der Stad Lëtzebuerg oder vun anere groussen Uertschaften, wou mer jo d’Politik maache fir ze kucken, datt an den Zentrum vun deene gréissere Stied och Leit wunne kommen, datt also Wunnhaiser do sinn, wou kee Public erageet.

Dat heescht éischstens konkreet: Wann ee virun enger Entréesdier oder enger Sortiesdier läit vun engem Wunnhaus, wou also kee Public erageet, oder vun engem Bürosgebai, wou oft kee Public erageet, oder vu soss engem Gebai, applizéiert sech déi Measure vum Här Kox net.



Zweetens, wann déi Persoun elo net virun der Dier vun engem Geschäft oder vun enger Verwaltung läit, mee virun der Fënster vun engem Geschäft, wou d'Leit jo awer kucken, éier se wëllen eragoen, fir eppes ze kafen, da gräift déi Mesure vum Här Kox net. An dat ass de groussen Ennerscheed zu där effikasser Propos vun der CSV: Eis Propos ass e Platzverweis generell. Mir haten dat an där éischter Proposition de loi, duerfir hu mer déi zrëckgezunn, well do huet de Staatsrot gesot: „Dat, wat Der proposéiert, ass am Fong equivalent mat dem Périmètre de sécurité.“ Mir haten eis un der däitscher Legislatioun inspiréiert. Duerfir hu mer déi zrëckgezunn an duerfir hu mer dat hei gemaach.

Mir hunn eng aner Lektür vum Policegesetz wéi d'Majoritéit an d'Regierung. An duerfir ass et fir eis kloer, an d'Policegewerkschafte soen et selwer: Déi Mesure vun der Regierung ass net kloer! Mir kréien domadder méi Problemer. Mir schafe méi Onsécherheet bei de Polizisten a Polizistinnen um Terrain, déi déi Mesure do mussen ëmsetzen. An d'Resultat wäert sinn, datt mer an e puer Méint erëm eng Kéier hei iwwert de Sujet diskutéieren, well déi Mesure eeben nâischt bréngt. Et sief dann, an ech ginn d'Hoffnung net op, datt d'DP eisen Amendement matstëmmt, well et ass genau dat, wat si fuerderen. An dann hätte mer eng richtig konkret Mesure, déi d'Aarbecht vun de Poliziste géif erliichteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | An ech sinn och net d'accord mat deem, wat d'Madamm Empain gesot huet: „Dat si bal ëmmer Drogenohängeger, déi do leien.“ Dat ass net de Fall! Et sinn der och oft, déi keng Drogen huelen. Mee et ass einfach esou: Do leie Leit, an déi wëllen och net gehollef kréien. An ech soen dat och eng Kéier ganz kloer. Ech hunn dat oft genuch gesot an der Debat iwwert de Platzverweis oder am Kader vun der Evaluatioun vum Policegesetz. Natierlech muss sozial Mesurë geholl ginn, natierlech muss sozial Strukture gefërdert ginn! Mee mäi Kolleg, de Laurent Mosar, huet et och oft genuch gesot: Et si Leit, déi wëlle sech net hëllef loosse, an déi leien awer do! An déi Leit, déi an de Geschäfte schaffen, hiert deeglecht Brout domadder verdéngen, déi vill Verkeefer a Verkeeferinnen an de Geschäfte, och déi hunn e Recht, datt se kënnen hiert Geschäft bedriewen, datt d'Leit kënnen erakommen, fir do anzekaafen.

An dat ass eeben de groussen Pluspunkt vun der CSV-Propos, datt eeben och een, dee virun enger Fënster vun engem Geschäft oder vun engem Commerce läit, kann opgefuert gëtt fortzegoen. Dat ass eeben net mat der Propos Henri Kox ze realiséieren. An ech wier och gespaant, wat d'Madamm Cahen géif zu der Propos Henri Kox an deem Kontext soen.

Dann ass deen zweete Punkt, datt de groussen Avantage vun der CSV-Propos ass, datt eeben net den Uz mat der Police ka gemaach ginn. An eis Propos ass, datt een, wann een zweemol net follegt, da ka mat op d'Kommissariat geholl ginn an an Détenation administrative gesat ginn. An ech hunn do eng aner Lektür wéi déi vun der Majoritéit, well ech sinn der Meenung, datt déi generell Détenation administrative am Policegesetz – a wann Der do d'Travaux-parlementaire liest, gitt Der mer Recht – net automatesch esou gräift, wéi Dir dat sot.

A fir nach eng Kéier drop hinweisen, kommt, huele mer emol e konkrete Fall: Et läit ee virun enger Entrée vun engem Geschäft. Da seet de Polizist oder d'Polizistin: „Gitt wannechgelift fort!“ Da leet e sech virun d'Fënster, an dann ass et fäerdeg. Dann ass et fäerdeg! Da ka mat dësem Gesetz vun

der Regierung d'Police net méi agräifen. An dat ass den Haaptswaachpunkt. Et geet einfach ëm d'Sécherheetsgefill vun de Leit, vun de Commerçanten. An dat ass garantéiert mat den ...

*(Interruption)*

Ech weess, dat gefält Iech net, Här Kox, mee Dir sidd gefaangen an enger grénger Ideologie! Ech hunn Iech dee Reproche schonn e puermol hei gemaach.

*(Protestations et brouhaha)*

Dat ass déi gréng Ideologie. Dat ass, wann een e gréng Minister op e Policeministerposte setzt, da kënn dat heiten eraus. Dir sidd gefaangen an där grénger Ideologie, a mir proposéieren eng praktesch Léisung fir jiddwereen, déi den Avantage huet, kloer ëmsetzbar vun der Police ze sinn, an déi d'Sécherheetsgefill stäerkt vun de Leit. An duerfir hunn ech déi Amendementer ofginn an ech hoffen dann, dass d'Kollege vun der DP dat matstëmme.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Här Gloden, den Här Kersch wollt Iech nach eppes froen oder e wollt ...

**M. Léon Gloden** (CSV) | Jo, kee Problem!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här Gloden, Dir hat gesot, ech soll gutt nolauschteren, Dir géift mer dat elo erklären. Ech hunn nâischt héieren an Ärem Beitrag, wat de Staatsrot zu Ärer Proposition de loi seet. Dat wär ganz interessant, wann Der eis dat eng Kéier géift etabléieren.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Dat hunn ech gesot, dann hutt Der net gutt nogelauschart.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech hunn deen Avis gelies an en ass ganz interessant. An en ass zumindest genauou kritesch wéi deen Avis vum Staatsrot par rapport zum Projet de loi vun der Regierung. Dat mol gesot.

Eppes huet mech awer an Ärem Discours elo e bësse gestéiert. Et ass keng „gréng Ideologie“, déi de Minister hei virgestallt huet. Ech kann Iech soen, dass déi rout Ideologie dat zumindest genau d'nämmlecht gesäit wéi déi gréng, ...

*(Interruption)*

... well mer net der Meenung sinn, dass dat subjektiv Sécherheetsinteresse vu Leit, déi an d'Stad akafe ginn, priméiert vis-à-vis vun der Nout vu ganz ville Leit, déi hei an der Stad mussen liewen ënnert deene Bedingungen, déi Dir zu Recht beschriwwen hutt.

*(Interruption et brouhaha)*

**M. Léon Gloden** (CSV) | Ech äntwerten dem Här Kersch.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Selbstverständlech.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir kënn et nennen, wéi Der wëllt, mir wëssen, wou mer stinn.

**M. Léon Gloden** (CSV) | Ech hunn nach Zäit, Här President. Ech huelen dat Argument vun der roudere Ideologie op. An där Ideologie dierft Dir iwwerhaapt net de Platzverweis vun der Regierung mat ofstëmmen, well och do ginn d'Leit, wa se an der Entrée leien, ofgeschleeft.

*(Brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir hutt mer net gesot, wat de Staatsrot zu Ärer Proposition sot. Sot dat mol eng Kéier!

*(Brouhaha)*

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Eng rout-gréng Ideologie!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Jo, ganz gär, ganz gär.

*(Interruption par M. Laurent Mosar)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci. Mir ginn dann d'Wuert weider un den Här Claude Lamberty. Et si jo nach e puer Majoritéitsdeputéiert, déi d'Wuert hunn. Déi kënnen eis jo dann och soen, wat de Staatsrot gesot huet. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, loosst mech mol ufänke mat engem grouse Merci un d'Stéphanie Empain fir dee wierklech gudd Rapport, souwuel schrëftlech wéi mündlech, an och déi Erklärungen, déi hei gi gi sinn. Ech mengen, dat war ganz komplett an opschlossräich.

Här President, eis Police, déi ass an déi gëtt dagdeeglech gefuerdert. Wa mer déi lescht Méint Revue passéiere loosse, da kommen engem vill Biller an de Kapp – a jiddwerengem anerem – vun eise Polizisten um Terrain, a ganz ënnerschiddleche Situatiounen, an deels a ganz brisanten, wann ech zum Beispill un d'Demonstratioun mat all de geféierlechen Zeene ronderëm de Chrëschtmaart am leschte Wanter denken. Déi mussen also a ganz ënnerschiddleche Situatiounen hire Mann an hir Fra stoen. A si maachen dat mat grousem Asaz, mat vill Elan an ëmmer am Sënn vun der Sécherheet vun eis all.

A mir hätte jo alleguerde gären eng Police, déi no beim Bierger ass. Mir hätte gär eng Police, déi ëmmer disponibel ass, wa se gebraucht gëtt, eng Police, op déi een ziele kann an déi d'Defie vun der Zäit gesäit an hinne gewuess ass. A fir dass eis Police deem Usproch ka gerecht ginn, brauch se déi néideg legal Moyenen.

Ech huelen e Bild: Der Police hir Geschierkëscht muss de Realitéite vun Terrain Rechnung droen a mir mussen och permanent Schrëtt hale mat neien Entwécklungen. Mir hunn dofir déi lescht Joren am Parlament hei schonn dacks iwwert déi Policegeschierkëscht geschwat. An dat war och bis elo ganz, ganz seele vu Muttwëll. Ech erënnere global un déi grouss Policereform. Ech erënnere awer och zum Beispill un d'Diskussioun ronderëm den Asaz vu Bodycams, eppes méi Aktuelles, en Outil, dee mir als DP laang gefuerdert hunn a wou mir elo frou sinn, dass se och geschwënn an den Asaz kommen.

E weideren Outil an där Policegeschierkëscht gëtt elo de Platzverweis. Ier ech an den Detail ginn, vläicht e puer allgemeng Bemierkungen:

Eng Debat, eng Diskussioun oder e Gesetzesprojet, wou et iwwert d'Moyenen an d'Missiounen vun der Police geet, ass ëmmer och eng Fro vu Mëttelen, déi eng Gesellschaft sech selwer gëtt, fir kënnen fir d'Sécherheet vun hire Bierger ze suergen. Dat Wuert „Sécherheet“ huet dobäi immens vill ënnerschiddlech Facetten. Jidderee versteet och e bëssen eppes anescht, eppes Perséinlech doreren an definéiert et jee no Situatioun am Liewen oder jee nodeem, wou ee wunnt, och anescht.

„En héchstméiglecht Fräisi vu Gefäerdungen“ ass eng Definitioun, „en Zoustand vu Séchersinn“ eng aner. „Geschützt si viru Geforen a Schied“ ass eng drëtt. An dat sinn déi dräi Definitiounen, déi den Duden gëtt – an ech weess, ech hätt och elo kënnen anerem huelen, mee ech hat am Duden nogekuckt – fir d'Thema oder fir

de Begrëff „Sécherheet“. Do ass also immens vill dran. Do ass och alles dran, wat eis Polizisten eigentlech am Alldag musse garantéieren: d'Ofweien, wat proportionell richtig a wichteg ass par rapport zu engem reelle Sécherheetsgefill fir d'Bierger a wat vläicht ze wäit geet par rapport zu de garantéierte Fräiheete fir d'Bierger an engem oppenen an demokratesche Land. An dat ass oft e ganz schmuele Grat.

A besonnesch fir eng liberal Partei ass et immens wichteg, dass all, ech betounen „all“ d'Argumenter op den Dësch kommen, wann d'Fräiheet riskéiert beschnidden ze ginn. Mee ech soen et och direkt ganz kloer, mir als Demokratesch Partei stinn do zu enger ganz wichteger Premiss: D'Fräiheet vum Eenzelnen hält do op, wou d'Fräiheet vum deem aneren ugeet. A genee dat ass och e wichtege Grond, firwat mir insgesamt engem Platzverweis positiv géigeniwwerstinn an haut dat Gesetz hei och wäerte stëmmen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Lamberty (DP)** | Platzverweis, dat kléngt jo als Éischt emol wéi: Ech huelen engem Mënsch eng Fräiheet ewech, nämlech déi, fir sech fräi ze beweegen, a setzen d'Forces de l'ordre vum Staat an, fir dat och duerchzusetzen. A jo, dat ass esou.

Mee, an do kommen ech dann op mäi Grondgedanke vu virun zréck, um Gesetzgeber ass et, e kloer Kader ze definéieren, wéini a wéi dat dierf geschéien. A besonnesch an deem Fall ass et fir eis als DP kloer: Wann ech mat mengem Behuelen d'Fräiheet vum engem aneren aschränken, ass et gerechtfertegt, dass et de Moyer vum Platzverweis gëtt. Konkret hei an deem Fall: Wann ech duerch mäi Blockéiere vum enger Entrée anerer an hirer Fräiheet aschränken, dann ass et absolutt gerechtfertegt, dass ech opgefuerdert ginn, do mussen ze réckelen!

D'Police kritt also e Moyer bäi, fir kloer a rechtssécher d'Libre circulation fir an e Gebai eran ze garantéieren. D'Police kritt en Instrument bäi, fir kënne konkret um Terrain ze handelen.

Mam Platzverweis, dee mir als DP zanter ganz Laagem fuerderen, ënner anerem am leschte Walprogramm 2018, komme mer och der laangjäregere Demande vum Terrain no, fir den Zougang zu Gebaier sécherzestellen. Jo, et ass déi lescht Wochen a Méint vill iwwert dëse Projet de loi geschwat ginn, haaptsächlech iwwert d'Recht vun der Bewegungsfreiheet, déi mam Platzverweis verschwonne gëif, eng Bewegungsfreiheet, déi jo an eiser Verfassung verankert ass.

Et war och rieds vum enger kompletter Iwwerbewäertung, vum enger Stigmatisierung vu bestëmmte Personengruppen, vu renger Symbolpolitik oder och vum Platzverweis „light“. Et gëtt also, an dat gesäit een, ganz ënnerschiddlech Vuen oder Siichtweisen, jee nodeem, mat wem een iwwert dëse Sujet schwätzt.

Kloer ass de Platzverweis awer och net d'Wonnerléisung bei all Form vu Policeinterventioun. Well heiansdo hat ee jo d'Gefill an deene leschte Wochen, dass dat Schlagwuert Platzverweis op eemol all Problemer gëif léisen. An et ass awer, wéi virdu gesot, just een Outil, et ass ee Moyer méi, deen eise Polizisten elo am Alldag zur Verfügung steet.

A mir haten an der Kommissioun an doriwwer eraus och a ville gudder Gespréicher mat Verrieder vum de Leit vum Terrain geschwat an do gëtt de Schrëtt duerchaus begrësst, dee mer haut maachen. Fir déi eng, an dat hunn ech virdu gesot, geet e scho bal ze wäit, fir anerer geet en awer net wäit genuch. A virdu ass dat Wuert vum deem Spannungsfeld do gesot ginn, an dat ass richtig. Mee, Här President, komme mer vläicht op d'Fro, si ass schonn deelweis haut ugeklongen: Wat war da bis elo?

Den Ament huet d'Police mam iwwerschafften Artikel 6 vum Gesetz vum 2018 betreffend de Sécherheetsperimeter scho gewësse Méiglechkeeten, fir eng Zort Platzverweis auszeschwätzen. Deen Artikel gesäit also vir, fir e Perimeter kënnen opstellen, wann eng seriö, konkret, imminent Bedroung fir déi ëffentlech Sécherheet besteet. Déi Dispositioun implizéiert, datt d'Police net nëmmer enger Persoun den Zoutrëtt zu deem Beräich verbidde kann, mee datt d'Beamten och kënne Persounen offéieren, déi sech an deem Perimeter ophalen, wa se dat fir néideg halen.

D'Zil vum haut ass et kloer, fir der Police e besser ugepassten, méi präzise Kader ze ginn, fir dee Problem unzegoen. Des Weideren dierf een awer och net vergiessen, dass de Platzverweis eng Preventiounsmoossnam ass. D'Police huet deemno d'Recht op eng Interventioun, éier et zu enger Strofdot komme kann. Den Text bezitt sech op all accessibel Entréeën a Sortie vum Gebaier, Immobilien, Etablissementer, Raimlechkeeten, déi reegelméisseg vum Public benotzt ginn.

Firwat kënnt et dann elo zu deem Gesetzesprojet? Ma ganz einfach: Den Ament gëtt et ëmmer erëm Situatiounen, an deenen d'Bewegungsfreiheet vu Persounen, déi a Gebaier wëllen erakommen oder draus erauskommen, behënnert gëtt, well eng aner Persoun den Accès blockéiert. Dat si Situatiounen, wéi et se virun 20 Joer bestëmmt och scho punktuell gouf. Et sinn allerdéngs a leschter Zäit ëmmer méi oft där Situatiounen ginn, besonnesch a stättesche Raim. Dofir ass et och elo un der Zäit, dass de legale Kader geschaaft gëtt, fir dass eis Polizisten um Terrain kloer reagéiere kënnen.

Här President, als liberal Partei si mir eis der Delikatess vum engem Gesetz bewosst, bei deem d'Libre circulation vum Bierger beschnidde gëtt, ech hunn et ganz am Ufank scho gesot. Et geet bei de Mesurë vum deem Gesetz awer schlussendlech ëm d'Wuel an d'Sécherheet vum eise Bierger. An alleguerten d'Moossname mussen an hirer Noutwendegkeet gerechtfertegt an an hirer proportionaler Applikatioun justifiéiert sinn.

D'DP fënnt, dass déi Konditiounen am Text erfëllt sinn, well d'Gesetz d'Bewegungsfreiheet vum deenen anere Leit garantéiert. D'DP begrëisst dofir ausdrécklech, datt mir mam Vott vum Platzverweis e kloeren a proportionale Kader schafen, dee Willkür vum de Forces de l'ordre ausschléisst an déi fundamental Mënscherechter respektéiert. D'Police huet domadder endlech eng konkret Handhab, fir bei de sëllege Reklamatiounen um Terrain ze intervenéieren a fir engem gewëssene Laissez-faire entgéintzewierken. Déi entscheidend Fro fir d'Zukunft ass jo elo: Geet dës Mesurë duer? Ass et heimadder gedoen?

Et hätt ee sech jo och kënne virstellen, en anere Modell ze huelen, änlech wéi dat aner Länner gemaach hu respektiv wéi och d'CSV dat proposéiert huet. Mat all den Informatiounen, déi ech an der Kommissioun krut, déi awer och a Gespréicher mat betroffene Polizisten um Terrain do waren, do soen ech ganz kloer: Kommt, mir ginn deem Platzverweis mol eng Chance!

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Lamberty (DP)** | Kommt, mir fänke mol un! A wie seet, dass net dëse Platzverweis genau dat bréngt, wat mer eigentlech alleguerte wëllen? Et ass oft net einfach schwaarz a wäiss. Et ass oft eng Mesurë, déi een hält, an et seet een: „Jo, dat do war et.“ Oder éierlecherweis kann een och soen: „Jo, dat do war et nach net ganz.“ Mee kommt, mir ginn deem hei mol eng Chance!

Et ass nämlech esou, dass dëse Platzverweis garantéiert, dass déi Libre circulation do ass, fir an e Gebai eran- oder draus erauszekommen. Et kann een opgefuerdert ginn, d'Entrée fräizemaachen. Dat ass e wichtege Schrëtt no vir fir eis Polizisten, mee och fir d'Allgemengheet oder fir déi Leit, déi betraff sinn, wann engem seng eegen Entrée doheem blockéiert gëtt.

Här President, als DP ënnerstëtze mir dëse Projet de loi ausdrécklech. Et ass e wichtege Schrëtt an déi richtig Richtung. Et gehéiert awer och zur politescher Éierlechkeet, dass de Platzverweis eleng net d'Sécherheetsproblemer respektiv d'Onsécherheetsgefiller vum de Leit léist. De Platzverweis ass eng vu ville Schrauwen, déi mussen aneneeggräifen an deenen hir Ëmsetzung Zäit brauch. D'DP ass prett, fir d'Effikasitéit vum Platzverweis, wéi mer en elo stëmmen, méi spët ze analyséieren an da Konklusiounen ze zéien.

Dat gesot, nach eng Kéier merci, Madamm Rapportrice, fir déi flott Diskussiounen, och an der Kommissioun, an Iech merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Ganz gutt!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance** | Merci och. An nächste Riedner ass den Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Biancalana (LSAP)** | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, et ass schonn ugeklongen, de Gesetzesprojet, dee mir haut stëmmen, gesäit d'Méiglechkeet vir, datt eng Persoun, déi d'Entrée oder d'Sortie vum engem ëffentlechen oder private Gebai behënnert, och ouni direkt duerch hiert Behuelen eng Gefor fir d'ëffentlech Sécherheet duerstellen, vum der Police vum där Plaz ka verwise ginn. Eng weider Ufuerderung ass, datt deen Zougang fir de Public muss accessibel sinn.

De Staatsrot seet a sengem Avis, datt géint de Platzverweis, oder d'„Garantie d'accès“, wéi dat ëmformuléiert gouf, wéi en am Gesetzesprojet virgesinn ass, keng prinzipiell Objektiounen bestinn.

D'LSAP war an der ganzer Diskussioun ëm d'Drogekriminalitéit, d'ëffentlech Sécherheet an dat subjektivt Onsécherheetsgefill an halt och ëm de Platzverweis ëmmer kritesch, wa reng nëmmer op eng repressiv Schinn gesat gëtt, och wann hei d'Police administrative am Vierdergrond steet. Eng Politik, déi sech reng drop konzentréiert, vulnerabel Mënschen ze verdriewen, ze stigmatiséieren, ze kriminaliséieren, fräi nom Motto „aus den Augen, aus dem Sinn“, kënne mir als LSAP net matdroen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Dan Biancalana (LSAP)** | Et gëtt ganz sécher Situatiounen, wou e Platzverweis ubruecht an néideg ass. Mee dës Mesurë kann eleng net d'Léisung sinn. D'Voraussetzung war an ass, datt eng Garantie d'accès nëmmer en Deel vum engem méi breede Pak vu Moossname ka sinn, déi och an éischer Linn de sozialen an de gesondheetleche Volet ofdecken, fir deene Betroffenen ze hëllefen, och fir si ze begleeden. D'LSAP huet sech dofir agesat an dat ass och ëmgesat ginn op verschidde Punkten. Ech kommen duerno nach eemol drop zréck.

Grundsätzlech ass et jo esou, datt mer den ëffentlechen Raum mat jidderengem deelen. Dat läit an der Natur vum der Saach. An d'Police kritt mat deem Gesetz nei Moyenen, weider Moyenen, fir am Ordre public anzegräifen. An dach, mir beweegen eis hei op engem ganz schmuele Grat, an dat kann een och erausliesen am Avis vum Staatsrot an och vum der Mënschrechtskommissioun, déi vermierken, datt



d'Uwendung vu Gewalt, de Recours à la force, e ganz delikate Sujet ass, wou bei all konkreter Situatioun d'Necessitéit an d'Proportionalitéit vun der Police mussen ofgewie ginn.

Op meng Fro an der Kommissioun – wou mer ganz gutt Diskussiounen haten –, wéi d'Police dat dann appreciëre géif, éier se intervenéiert, gouf geäntwert, datt d'Police intern Richtlinnen a Recommandatiounen hätt, wéi se un esou Situatiounen eruginn, wéi se dat ëmsetzen, an datt se och dorop geschoult sinn. Abee, wa mer dëst Gesetz gestëmmt hunn, wäert d'Praxis eis weisen, wéi et da konkret um Terrain ëmgesat gëtt.

Den Text, dee mer virleien hunn, ass awer am Verglach zu anere Propose méi adequat, well d'Grondfräiheete besser respektéiert ginn. Den Text schränkt wuel d'Beweegungsfräiheet vu verschiddenen an, fir d'Beweegungsfräiheet vun aneren ze erlaben, mee probéiert, dat op eng verhältnisméisseg Aart a Weis ze maachen.

Trotzdeem handelt et sech bei dësem Projet ëm eng Measure, déi awer kloer, dat muss ee soen, der Repressioun zouzeschreien ass. Den Text erlaabt der Police et och, Gewalt kënnen ze gebrauchen a Fräiheeten anzeschränken. An esou Restriktiounen gesi mer als LSAP ëmmer kritesch, well mer géint eng exklusiv repressiv Approche sinn. An deem heite Fall kënnen d'Moossnamen zwar noutwendeg sinn, mee si mussen verhältnisméisseg a justifiéiert sinn an och cibléiert wierken.

Op alle Fall setzt d'LSAP sech fir eng ganzheetlech Approche an, wou d'Aarmut bekämpft gëtt an net déi Aarm. Där Meenung ware mer als LSAP vun Ufank un an der Diskussioun an den Debatte ronderëm de Platzverweis a ronderëm d'effentlech Sécherheet respektiv dat subjektivt Onsécherheetsgefill, an dat hu mer ëmmer erëm gefuerdert. An dat subjektivt Onsécherheetsgefill, dat verspiert jo och jidderee ganz anescht an huet do eng aner Appreciatioun dervun.

Fir d'LSAP däerf och de Platzverweis keng Stand-alone-Measure sinn. Déi Mënschen, ëm déi et hei geet, déi et betrëfft an déi et och trëfft, déi liewen a schwielege Situatiounen, a verschiddene Situatiounen. Si sinn an enger vulnerabler Lag an dach si si en Deel vun eiser Gesellschaft, och wa se um Rand vun eiser Gesellschaft liewen. An d'Aart a Weis, wéi mer mat hinnen ëmginn, weist och, wéi ee Stellwäert mer hinnen zouschreien. An eis Bestriewung ass et jo net, si weider an hirer prekärer Situatioun ze schwächen an ze stigmatiséieren. Fir d'LSAP ganz sécher net!

Fir eis steet eng Politik vun der Inklusioun an net vun der Exklusioun am Vierdergrond. Et hëllef weeder de Betraffenen nach der Gesellschaft, wann déi Leit vun enger Plaz verlagert, verbannt ginn. Hir Problemer sinn domadder net geléist, mee si gi just verlagert. An ze bemerken ass jo awer och, datt de Staatsrot déi berechtigt Fro opgeworf huet, wéi eng Distanz beim Platzverweis schlussendlech an Erwägung soll gezu ginn, an domadder och d'Fro vun dem Sënn vun der Measure.

Verschidde Situatiounen kënnen also net eleng mat repressive Mëttele geléist ginn. Dofir sinn och preventiv a sozial Moossnamen esou wichtig. Mir mussen verënnern, Mënschen, déi eng Suchtproblematik hunn oder keen Daach iwwert dem Kapp hunn, oder béides, just als Problem ze gesinn, a mir sollte virun allem hir Problemer gesinn: Aarmut, Krankheet, Obdachlosegkeet. Ech mengen, eng breet Offer vun Hëllef fir d'Prise en charge ass wichtig, fir si effektiv dann och ze begleeden.

D'LSAP ass also der Meenung, datt mer e ganzheetlechen Usaz brauchen. Et brauch also eng Approche,

déi sech mat all de problematesche Situatiounen beschäftegt. An effektiv geet et hei net nëmmen ëm Sécherheetsaspekter, mee och ëm Gesondheetsaspekter. Als LSAP gesi mer och déi sozial Dimensioun an et ass och do, wou ee soll usetzen.

An deem Sënn gouf jo och effektiv schonn den 22. Oktober d'lescht Joer e Katalog vu Mesuren vun der Regierung presentéiert. Dëse Moosnamepak gesäit souwuel preventiv wéi och repressiv Mesurë vir, fir engersäits deene Leit, déi effektiv an deene Situatiounen sinn, konkret kënnen ze hëllefen, fir se kënnen opzefänken an ze stabiliséieren, a fir anerersäits awer och kloer a konkret Preventiounsarbecht ze maachen. An ech mengen, och dat ass u sech eng grouss Erausforderung.

Bei der Police gëtt jo e massive Rekrutierungsprogramm gemaach, fir effektiv och hir Presenz um Terrain kënnen ze assuréieren a fir do och kënnen Preventiounsarbecht ze leeschten. Dat ass eng Measure, déi mer als LSAP begrëssen an déi natierlech och extreem wichtig ass.

Mir hunn awer och derfir gesuergt, datt eng Partie preventiv a sozial Moosname beschloss ginn an och an d'Weeër geleet ginn. Dovunner sinn der eng ganz Rei scho ganz konkret an der Ëmsetzung respektiv um gudde Wee dohin. E Beispill ass den Accès universel aux soins de santé, wat grad eng ganz Rëtsch Leit betrëfft, déi och vum Platzverweis concernéiert sinn. An ech mengen, do sinn d'Estimatiounen, datt konkret am Fong 1.000 Leit hei kéinte betrëfft sinn, déi duerch dat soziaalt Netz falen. An d'Santé an d'Sécurité sociale, déi Ministère schaffen dofir mat fënnf Associatiounen zesummen, déi de Kontakt mat de concernéierte Leit sichen. Dat sinn d'Croix Rouge, d'Stëmm vun der Strooss, d'Jugend- an Drogenhëllef, de CNDs a Médecins du monde. An déi fënnf Acteure krute fir dëst Joer schonn zousätzlech Posten, fir dësen Tächë kënnen nozegoen.

Nieft dëser Couverture universelle gëtt et awer och nach aner Servicier, déi vulnerabel Leit begleeden. Do goufen och schonn 13,5 Poste duerch Sozialarbechter, Éducateurs diplômés an och gradués an och Infirmiere besat bei mam Ministère de la Santé konventionéierten Associatiounen, déi grad um Terrain wichtig Aarbecht vun der Prise en charge leeschten. An et gi sécher mam Akraaftfriede vun dësem Gesetz Bestriewungen, fir d'Personal nach weider opzestoken. Eis Ministere Romain Schneider an duerno Claude Haagen vun der Sécurité sociale an eis Gesondheetsministesch Paulette Lenert si ganz kloer dofir agetrueden.

Ech wëilt nach e puer Mesuren hei ervirhiewen, déi sech natierlech och an de Kader vum Platzverweis abetten. D'Stëmm vun der Strooss, déi versicht jo, net nëmmen de Süden an den Zentrum ofzedecken, mee och den Norden, mat medezinnescher Berodung an och mat engem Foyer de jour. D'Mesurë probéieren also net nëmmen, vulnerabel Leit besser ze erreichen, mee si och virun hirem Ëmfeld ze schützen. An do ass jo och den Abridado an der Stad, deen effektiv versicht, d'Clientèle vuneneen ze trennen an och eng reng Fraestruktur opzebauen. Ech mengen, och dat ass eng Measure, déi sech an dat Ganzt aschreift.

Eng besonnesch Opmierksamkeet an deem ganze Mesurëpak ass natierlech och fir déi Jonk virgesinn. An och déi fanne mer bei där Populatioun erëm, déi vun dësem Gesetz wäert betrëfft sinn. Therapieplazen, fir de jonken Drogenofhängegen unzibidden, brauche mer, an och d'Unzuel vun Therapieplaze muss erweidert ginn. Och dat, mengen ech, ass eng zousätzlech Measure.

D'LSAP gëtt also den Accord zu dësem Projet, engem Projet, deen awer just ee Baustee vu villen ass am Kampf géint verschidde Situatiounen, déi den Ordre public kéinten a Fro stellen. Mee e ganzheetlechen an humanen Ëmgang mat de Mënschen, déi um Rand vun eiser Gesellschaft liewen, ass fir eis extreem wichtig.

Der Rapportrice finalement nach e grouse Merci fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächste Riedner ass den Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Hären, de Sujet, iwwert dee mer haut schwätzen, ass e ganz eeschte Sujet. E gëtt leider awer ëmmer nees fir parteipoliteschen Hickhack mëssbraucht.

(Brouhaha)

Et ass eescht, well et geet hei wierklech ëm e reelle Problem. An als Stater weess ech, vu wat ech schwätzen. Ech gesinn dacks a mengem Quartier, mat wéi enge Situatiounen ons Matbierger/inne konfrontéiert sinn. Dëst si Situatiounen vun extremer Aarmut an engem räiche Land, dëst si Situatiounen vu sozialer Exklusiv matzen an enger Wuelstandsgesellschaft. A mir mussen de Schwächsten an onser Gesellschaft onbedéngt hëllefen. An do gëtt et och nach ganz vill ze maachen.

Mee bei alle positiven Offeren, déi mer hinne schëlleg sinn, et muss awer och kloer sinn, datt et verschidde Limitte gëtt, déi et ze respektéiere gëllt. Dës Grenz ass zum Beispill iwwerschritt, wann eng Mamm oder e Papp owes mat hire respektiv senge Kanner heemkënn a se net an hir Wunneng kommen, well Leit den Zougang zur Residence verspären. Hei geet et net ëm de Fall, wou een einfach just kuerz op enger Trap sëtz, mee leider éischer ëm Situatiounen, wou Leit, eventuell zu e puer, eventuell ënnert dem Afloss vun Drogen, am Entréesberäich vun engem Gebai Schutz sichen.

Als déi gréng geet et ons net drëms, Polemik um Réck vun deene Schwächsten ze maachen oder ons an iergendeng Dramwelt ouni Problemer ze flüchten. Nee, mir wëlle Léisunge fannen, déi proportionéiert an effikass sinn. An dëst ass dem Minister fir bannenzeg Sécherheet mat dësem Projet de loi op en Neits gelongen.

D'Rapportrice, där ech vun dëser Plaz e grouse Merci soen, ass am Fong schonn op den Inhalt agangen. Ech erlabe mer awer just, op e puer weider Punkten nach anzegoen, déi ons och virun allem vun der Position vun der gréisster Oppositionspartei ënnerscheeden.

Mat dësem Projet de loi, dee mer haut stëmmen, kritt d'Police d'Recht, eng Persoun, déi den Zougang zu enger Entréesdier behënnert, a leschter Instanz ewechzeféieren. Jo, heimadder gräfe mer an d'Beweegungsfräiheet vun der concernéierter Persoun an. Dëst ass awer just méiglech, well et sech hei ëm en Agrëff handelt, dee proportionéiert ass. Schliesslech ass d'Behënnere vun der Entréesdier och en direkten Agrëff an d'Fräiheet vun deene Leit, déi an d'Gebai erawëlle respektiv -mussen.

D'Mënschrechtskommissioun huet zu Recht eng Partie Suerge geäussert. Mee et geet bei dësem Gesetz eeben net drëm, Mënschen ouni Daach iwwert dem Kapp systematesch vun der Police verjoen ze loosseren. Nee, si intervenéiert just gezielt do, wou den Accès zu engem Gebai behënnert gëtt a fräigemaach muss ginn.

De Policeminister huet jo och schonn ënnerstrach, dass dëst an enker Zesummenaarbecht mat de Gemengen an och mat de soziale Servicer wäert passéieren. An doranner läit fir ons och d'Stärkt vun dësem Gesetz. Mir liwweren eng konkret Léisung fir eng konkret Positioun (veuillez lire: konkret Situation).

An anescht wéi mäi Virriedner vun der Opposition: Engersäits gëtt hei ëmmer erëm déi grouss Glack vum Law and Order gelaut, gläichzäiteg halen déi konkret Propose vun hinnen dann awer d'Strooss net, wéi den Avis vum Staatsrot och zur Proposition vun der Platzverweis-Gesetzespropos gewisen huet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

*(Interruptions diverses)*

**Une voix** | Kommt emol bei den ...!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, ech kommen elo bei den nächste Punkt.

*(Interruption)*

Déi nei Amendementer nämlech zum Projet de loi vun der CSV waren änlech gelagert. Et geet wuel méi drëms kënnen ze behaapten, et wär ee méi streng wéi de Gesetzesprojet, ouni dass een awer ziféierend Léisunge proposéiert. Well bei engem generaliséierte Platzverweis a virun allem der Iddi, d'Leit anzespären, stelle sech déi selwecht Froe vun der Proportionalitéit wéi haut schonn.

*(Interruption)*

A mir kënnen a wëllen net einfach d'Leit ouni Grond aspären! An och, wa verschidde Verrieder vun der CSV dat vläicht gärén hätten: An engem Rechtsstaat kann een zum Gléck net einfach déi Mënschen, déi engem net an d'Stadbild passen, fortspären. Dofir si mir och kloer géint e generaliséierte Platzverweis.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | An ausserdeem wëll ech Iech och nach eemol Är Proposition d'amendement virlesen, den Artikel 5, Här Gloden, dee seet: „Lorsqu'une personne se comporte de manière à créer un danger grave, concret et imminent pour la sécurité publique, la Police peut rappeler à l'ordre la personne.“

Wéi wëllt Der eis dann erklären, dass ënnert der Konditioun vun engem „danger grave“ iergendee kéint virun enger Vitriinn ewechgeholl ginn – dat Beispill, wat Der virdru genannt hutt? Är Proposition deckt dee Fall, deem Der eebe grad genannt hutt, iwwerhaapt net of.

**Une voix** | Très bien!

*(Interruption)*

**M. François Benoy** (déi gréng) | An amplaz vu populistesche Scheinléisungen, musse mer esou éierlech sinn, dass mir an dëser Problematik net mat Policeléisungen ...

*(Interruptions diverses, brouhaha et coups de cloche par la présidence)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Sou, wannechgelift!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Ech fänke mäi Saz nach eng kéier un, fir dass Der mer kënnt uerdentlech suivéieren. Nee, da lauschtert mer no! Ech sinn nach net fäerdeg.

*(Brouhaha)*

**M. Laurent Mosar** (CSV) | O, mir hu scho genuch héieren.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Dir hätt besser, mer besser nozelauschteren.

*(Interruption)*

An amplaz vu populistesche Scheinléisungen, musse mer esou éierlech sinn, dass mer an dëser Problematik net eleng mat Policeléisungen d'Problemer gereegelt kréien. Dofir brauche mer eng konsequent Stärkung vun de preventive Moossnamen an den Ausbau vun nidderschwelligen Hëllefsofferen.

Ech wëll Iech elo ganz gärén aus engem ganz interessanten Dokument zitieren. A lauschtert mer gutt no, léif Verrieder vun der CSV, wat ech Iech elo virlesen! „Im Rahmen der Debatten zum Platzverweis müssen aber wichtige Fragen im Vorfeld eindeutig geklärt werden, um kein Instrument zu schaffen, das die schwächsten Mitglieder unserer Gesellschaft schikanieren, wie z. B.: Wie wird das Risiko minimiert, dass der Platzverweis nicht willkürlich gegen obdachlose Menschen eingesetzt werden kann?“ Da loossen ech e bëssen eppes aus. „Wie wird verhindert, dass obdachlose Menschen nicht lediglich systematisch von einem Ort zum nächsten verdrängt werden? Müsste es nicht zuerst einmal zu einer Dezentralisierung der sozialen Einrichtungen außerhalb der Hauptstadt kommen, um die Betreuung effizienter zu gestalten und gleichzeitig die Hauptstadt zu entlasten?“

An elo, Här Gloden, wollt ech Iech froen, ob Der wësst, wat dat dote fir en Dokument ass, wat ech zitieren hunn. Dat ass op alle Fall eng Resolution vun der CSJ aus dem Joer 2017.

*(Brouhaha)*

An hei ginn effektiv ganz legitim a pertinent Froen opgeworf. Mee bekanntlech sinn d'Jugendparteien dacks scho vill méi wäit wéi hir Mammeparteien.

*(Hilarité)*

A besonnesch deem nächsten Deel aus där CSJ-Resolution kann ech einfach just zoustëmmen: „Armut und Obdachlosigkeit sind nicht naturgegeben, sondern ein materielles, wie gesellschaftliches Problem. In einem reichen Land sollten sie demnach für uns alle ein aufrüttelndes, da vermeidbares, Phänomen sein. Es ist kein Verbrechen arm zu sein!“

Dofir: Mir mussen d'Aarmut an net déi Aarm bekämpfen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | An eigentlech sinn déi verschidden Elementer vun enger konsequenter Sozialpolitik bekannt, mee un der Ëmsetzung, do hapert et dann awer nach.

Mir brauche méi Presenz vu qualifizéierte Streetworker. Mir brauchen och e besseren Urbanismus. Ech rappeléieren Iech nach eng kéier: Wat ass de Leit wichtig, fir d'Sécherheetsgefill ze verbesseren? Wat ass do bei der Ëmfro vu VisuPol erauskomm? Éischstens, den Eclairage, zweetens, keng verstoppten Ecker an drëttens, d'Propretéit.

Da muss och endlech e konsequenten Ausbau vun „Housing First“-Strukturen, also nidderschwellige Wunnengsméiglechkeete fir déi Leit, déi op der Strooss sinn an eeben och dann dacks an den Entréesberäicher vun den Dieren hänken, geschafe ginn. D'Experte soen ons, mir missten déi Offer verdräifachen op 100 Wunnengen.

An da brauche mer eng Dezentraliséierung a Stärkung vun de sozialen Opfaangstrukturen. Den Abigado ass mat iwwer 200 Clientë pro Dag einfach ze grouss. D'Experte soen, mir bräichte méi kleng, dezentral an ugepasst Strukturen, ëmmer fir eng 50 Leit. Mee och hei geet et net am néidegen Tempo virun.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Mee do, wou d'Police Moyene brauch, scheie mer awer net zrëck, déi néideg a proportionell Léisungen ze sichen. Op der Gare koumen zum Beispill 30 Poliziste bäi an et gouf sech esou organiséiert, dass se méi Zäit um Terrain hunn. An och bei VisuPol hu mer no all deene Joren, wou keng anstänneg legal Basis do war, e kloer Kader geschaaft. An dat maache mer elo och bei där heiter Problematik.

*(Interruption)*

Domadder ginn ech och den Accord vun der grénger Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci, Här Benoy. De Léon Gloden wollt Iech nach eng Fro stellen, oder?

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Här President. Ech hunn elo dem Här Benoy ganz gutt nogelauschtert. Mee d'Konklusioun vu senger Ried ass, dass e sengem eegene Minister e Platzverweis gëtt, well déi gréng dierften emol net de Projet vun hirem eegene Minister matstëmmen no där Ried do vum Här Benoy.

An zweetens huet e sengem Minister net gutt nogelauschtert. Ech deelen zwar net déi Meenung, mee ... Oder der Rapportrice, d'Rapportrice huet gesot: „Och ënnert dem Projet de loi vun der Regierung kënnen d'Leit, wa se net follegen, en détention administrative gesat ginn“, also ewechgespaart ginn.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Léon Gloden** (CSV) | Dir kennt den Text net an Dir gitt Ärem eegene Minister e Platzverweis mat Är Ried!

*(Interruptions)*

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Renge Populismus!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Här Benoy?

**M. François Benoy** (déi gréng) | Ech weess net, wou d'Fro war.

*(Brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, ech hunn net genau deen éischte Volet vun der Fro verstanen. Ech mengen, ech war ganz kloer a menger Ausso an ech hu genau erkläert, firwat dat heiten eng Mesure ass, déi fir eis proportionéiert ass, fir se ze ergräifen, a firwat e generelle Platzverweis dat net ass!

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här Goergen?

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci, Här Benoy. Den Här Goergen streckt d'Hand aus. Ech muss allerdinges soen, dass den Här Benoy d'CSV ugeschwat huet, an dofir hunn ech dem Här Gloden och d'Wuert ginn. Ech hunn net héieren, dass den Här Benoy Iech ugeschwat hätt. An Dir sidd an der Riednerlëscht ageschriwwen. Da kënnt Der alles soen, wat Der ze soen hutt. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert zrëck, wann Der et nach braucht.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Ech brauch et net méi. Ech hunn alles gesot.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, Dir hutt alles gesot. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dann huet direkt den Här Kartheiser d'Wuert.



**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt vläicht ufänke mat enger allgemenger Bemierkung. Wësst Der, mir schwätze jo elo hei iwwert d'Sécherheet. A grénge Hänn läit d'Verantwortung dofir. An ech muss soen, dat Éischt, wat ee muss soen, dat ass, datt d'Sécherheet hei am Land iwwert déi lescht Jore sécher net zougell huet!

Mir hu Kommentaren héiere vun: „Et soll ee keng Bijouen als Damm undoen, wann een owes erausgeet.“ – „Et soll een Distanz halen.“ – „Et soll ee vläicht iwwerhaupt net als Fra owes erausgoen.“ Mir hunn hei eng Regierung, an notamend déi gréng Partei – dat muss ech awer ganz kloer soen! –, déi eigentlech guer net op der Héicht ass vun den Erausforderungen, déi d'Sécherheet hei am Land elo stellt.

*(Brouhaha)*

An dat Gesetz, wat mer hei hunn, dat ass alt erëm e Beweis, datt eigentlech dës Regierung net de Wëllen opbréngt, fir wierklech géint d'Problemer unzuegoen, déi mer an eiser Stad, an eisem Land op ville Plazen hunn. Well dee Platzverweis, wat ass dat dann elo, wat mer hunn? Dat ass eng ganz, ganz, ganz kleng Léisung. An ech wëll der Madamm Empain net vergiesse Merci ze soen, datt se probéiert huet, se ënner deene beschte Faarwen duerstellen.

Et ass eng ganz, ganz kleng Léisung. An et ass eng bürokratesch schwéierfällg. Si gëtt net alle Problemer gerecht. D'Virriedner si schonn dorobber agaangen. Et gëtt keng richtig Sanktionsméiglechkeeten. Et ass keng richtig Effektivitéit do. An hei si Leit, déi hu gesot, si hätte mat der Police doriwwer geschwat. Also, ech kann Iech just soen, wann ech Polizist wär an ech misst esou eppes applizéieren, ëmmer erëm, ouni Sanktionsméiglechkeeten, mee dat ass dach eng Quell vu Frustratioun an Ineffektivitéit, déi mer hei hunn! Et ass keng Léisung.

Ech fannen och deen Awand vum Syvicol berechtigt, dee gesot huet: „Jo, mir kënnen d'Leit dann eventuell froen, fir ewechzuegoen. Wat geschitt mat hire Saachen?“ An alles dat, dat sinn alles Froen, déi nach am Raum stinn.

Wichtig ass, datt mer hei gesot kréien, dee Platzverweis, dat wär wierklech déi Léisung, well fir alles anescht hätte mer jo Léisungen: d'Détention administrative an och dee Périmètre de sécurité.

Mee de Périmètre de sécurité, wann een dat genau liest, dat viséiert net all Fall, wou e Platzverweis ubruecht wär. Dee Périmètre de sécurité, wéi mer d'Gesetz iwwert d'Police administrative gestëmmt hunn, wësst Der, do ass da geschwat ginn: „Mir hu vläicht eng Warnung vun iergendenger Bomm, déi iergendwou läit, oder iergendeng Gefor, déi hir Ursach eigentlech geografesch huet.“ Mee d'Portée vun deem Artikel war ni fir Persounen u sech. Et war de Persouneschutz, mee et war net, fir géint Persounen an deem Sënn virzuegoen. Et ass eng ganz aner Optik gewiescht.

An de Périmètre de sécurité passt och net; och net e Platzverweis, deen elo hei just d'Entrée vu Gebaier ënner verschidde Konditiounen soll fräihalen. Wat maacht Der dann, wann zum Beispill an der Entrée vun der Gare e Grupp vu Leit steet, déi do Leit belästen, wéi mer et zu Köln hate virun e puer Joer? Wat maacht Der dann? Dir kënnt kee Périmètre de sécurité do zéien. Dir kënnt och net zu engem soen: „Hei réckel dräi Meter, mir maachen e Procès verbal.“

*(Interruptions)*

Nee, nee, dat passt alles net. Dat passt Iech ideologisch net, mee et passt ... An der praktescher Situatioun ass dat polizeilech net ze packen! Der Police

feele weider déi Méiglechkeeten, déi se muss hunn, fir op eng Partie Situatiounen kënnen anzuegoen, déi sech awer kënnen stellen, hei wéi och an anere Stied, an anere Länner.

Da gëtt gesot: „Liberté de circulation“, ech wëll och vläicht dozou e puer Wuert soen. Natierlech ass an esou engem Fall, wou een en anereren hënnert oder vläicht souguer eng Gefor fir en anereren duerstellt, d'Liberté de circulation eng Consideratioun, déi muss an eng Proportionalitéit interpretéiert ginn. Do ass och guer keen Zweifel, dat ass och hei gemaach. Mee ech wëll awer och hei op déi Hypokrisie zréckkommen, déi déi Regierung an der Liberté de circulation gewisen huet an deene leschte Méint.

Et wäert Iech elo vläicht iwwerraschen, mee mir hunn net vergiess – mir hunn net vergiess! –, datt hei eng Demonstratioun war an der Neier Avenue, wou e puer Honnert Leit confinéiert ware vun der Police – confinéiert! –, si koumen net vijenzeg, net hannerzeg, bis no enger laanger Zäit, wou se dann eenzel konnten erausgoen. Wou et keng legal Basis am Policegesetz dofir gëtt! Keng legal Basis!

Dës Regierung huet Honnerte vu Leit an der Neier Avenue confinéiert. Si konnten net op d'Toilette goen, se kruten näischt z'iessen, näischt ze drénken! An déi selwecht, déi kommen heihinner a schwätze vun der Liberté de circulation a vu Mënscherechter!

Mir si fir d'Liberté de circulation a Mënscherechter. Mir confinéiere keng Demonstratiounen, well déi hunn iwwerhaupt keng Gewalt ugewannt. Do war null – null! – Gewalt. Wann elo nach Gewalt gewiescht wär, dann hätten een nach kënnen doriwwer diskutéieren.

*(Interruption)*

Do war guer näischt!

Dir hutt eng Demonstratioun confinéiert ouni rechtliche Basis an hei schwätzt Der vu Liberté de circulation. Ech mengen, et muss een ëmmer d'Proportionalitéit kucken. Mir vergiessen dat net, well d'Regierung steet an der Verantwortung. An dat war eng Mënscherechtsverletzung!

Hei gëtt da vu soziale Problemer geschwat. Absolutt richtig! Mee ech komme mer vir heiansdo wéi an engem surrealistesche Film, an engem Szenario, wou hei Regierungsparteien eng no där anereren untrieden a soen: „Mir musse massiv d'Organisatiounen ënnerstëtzen, déi an der sozialer Aarbecht aktiv sinn.“ Wat absolutt richtig ass! An ech benotzen d'Geleeënheet, fir deene Merci ze soen, wéi der Stëmm vun der Strooss a villen anereren, déi sech terribel gutt engagéiere fir déi sozial Problemer, déi mer an eiser Gesellschaft hunn. A mir hunn der wierklech vill, leider. Mee déi Regierungsparteie kommen heihinner a maachen den Discours vun der Oppositioun!

Si sinn dach mat Gambia säit 2013 un der Regierung! A si maachen esou, als géife se d'Problemer haut entdecken. Si soen: „Mir brauche méi Plazen a Foyeren.“ Si sinn zéng Joer un der Regierung! Bon, wat hutt Der da gemaach? Hutt Der näischt gemaach?! „Mir brauche méi Streetworker.“ Dir sidd zéng Joer un der Regierung, oder bal. Wat ass dat da fir e Bilan vun Ärer eegener Aarbecht, deen Der hei maache kommt? Dat ass dach eng Faillite-Erklärung, déi Der maacht, wann Der sot: „Hei, mir brauche méi Foyeren“, an esou. Jo, mir brauche méi Foyeren. Mee wie war dann un der Regierung?!

Ech ginn Iech e Beispill.

*(Interruption)*

Ech ginn Iech e Beispill: Mir hunn 2015 ... Dir sidd un der Regierung säit 2013. 2015 krute mer eng massiv

Migratiounswell aus Nordafrika, aus anere Länner. Dat wësse mer. An a kuerzer Zäit huet dës Regierung decidéiert, vill Leit opzehuelen. Et goufe Foyeren opgeriicht, Honnerte vu Plazen, Honnerte vu Leit engagéiert fir Migranten, déi vu baussen erakommen.

Ech froen Iech: Firwat hutt Der net dee selwechten Effort gemaach fir déi Leit, déi hei am Land an eng sozial schwieleger Situatioun sinn? Firwat hutt Der net dat selwecht gemaach? Firwat sinn déi Leit hei am Land vun Iech vernoléisegt ginn? Well et ass dach dat, wat geschitt ass! Dir hutt näischt gemaach.

Wéi dacks hu mer gesot: „Mir brauchen ‚Housing First‘?“ Wéi dacks hu mer dat gesot? „Mir brauchen dezentraliséiert Strukturen.“ Mir hu bei den Droge wéi dacks doriwwer geschwat. Mir hu gesot: „Mir brauche méi Streetworker“, Dir hutt et haut nach iwwerholl. Mee wou ass den Effort? Firwat hutt Der et net gemaach? Dat wär dach d'Verantwortung gewiescht, déi ee ka vun eng Regierung erwaarden, an net dat: „Mir brauchen ..., mir brauchen ...“ Ma wéini maacht Der et dann? Dir maacht iwwerhaupt näischt! An dat ass eigentlech de Problem.

An der Drogeproblematik, do ass scho vum Zücherer Modell an anere Saache geschwat ginn. Kuckt déi organiséiert Heescherei, en anert Beispill. Déi organiséiert Heescherei, do si mer eis all eens, dat ass d'Exploitatioun vu fragiliséierte Leit. Et ass jo net, datt déi ... Déi ginn exploitéiert! Säit Jore kenne mer dee Problem! An anere Stied gëtt dat net toleréiert – hei gëtt et toleréiert! Mir toleréieren – net mir als ADR, mir géifen et net maachen –, mee dës Regierung toleréiert, datt hei Leit organiséiert exploitéiert ginn duerch d'Heescherei! An do gëtt iwwerhaupt näischt dergéint gemaach.

Ass dat dann e Bilan, op deen Dir kënnt houfreg sinn? Ass dat de Respekt vun de Mënscherechter, wéi Dir e verstitt? Et ass lamentabel, datt Der näischt maacht!

An der Prostitutioun komme mer net derzou, fir do eppes anstänneg ze reegelen, fir datt déi Leit och kënnen zum Beispill sozial ofgeséichert sinn a Versécherungen hunn. Et geschitt och do näischt! An der Drogeproblematik geschitt net genuch. Dir hutt dach u sech an de soziale Problemer, déi enger Gambia-Regierung dach missten esou no leien, eigentlech versot.

An dee Platzverweis, dee mer haut diskutéieren, dat ass dach just ..., dat ass e Feigenblatt. Dat ass net eppes, wat wierklech wierkt, wéi mer et am Ufank vun dëser Interventioun gesot hunn. Et ass vläicht besser wéi näischt, awer net vill besser wéi näischt. Et ass fir eis als ADR op jidde Fall eng kloer Opforderung, fir hei nozebesseren, fir et besser ze maachen a fir derfir ze suergen, datt d'Sécherheet hei am Land wierklech emol verbessert gëtt.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

*(Interruptions)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | An elo huet d'Madamm Nathalie Oberweis d'Wuert. Madamm Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Fir d'Éischt merci der Rapportrice fir de Rapport. Jo, et geet drëms – Zitat –, „Incivilitéiten“ invisibel ze maachen. Et geet drëms, déi Leit, déi – Zitat –, „lungeren“, fortzékriegen. Jo, et geet drëms, déi, déi net deem schicke Stater Bild entsprechen, e bësselche méi aus dem öffentliche Space verschwannen ze loossen. Déi mannst héieren dat gär, mee dat steet am Raum. Dat ass natierlech net meng Meinung, mee déi Terminologie hu mer eis missen unhéieren.

Wéi ech den Term „Incivilitäten“ an der Kommission héieren hunn – d'lescht Joer war dat, mengen ech –, ass et mer elle ginn. Domadder waren déi Leit gemengt, déi an den Entrée vum de Gebaier setzen, also zum groussen Deel obdachlos Leit an/oder drogekrank Mënschen.

Wie si mir, fir déi aner Leit esou ze erniddregen? Wie si mir, mir, déi warscheinlech alleguer Proprietär si vun engem Haus oder vu méi Haiser, déi e kontinuéise Revenu hunn, eventuell souguer méi wéi een, bequeem vun doheim op d'Aarbecht fueren/kommen, déi mir ofgeséichert sinn, fir iwwer anerer esou ze urteelen, déi déi Chance net hunn oder haten? Dat muss een awer, mengen ech, och eng Kéier esou gesinn.

A wat ass dann eigentlech eng Incivilité? Ass et net eng Incivilité, wann een an enger Gesellschaft lieft, déi ëmmer méi Ongläichheete produzéiert, Exklusivoun an Aarmut produzéiert an Ultraräichtum produzéiert, wa Verschiddener ëmmer méi räich ginn an ultraräich an net méi wëssen, wat se mat hire Sue sollen ufänken, a mer et net fäerdegbréngen, de Räichtum besser a méi gerecht ze verdeelen?

Et sinn awer grad dës Inegalitéiten, déi derzou bäidroen, datt zum Beispill Leit op der Strooss setzen oder schlofen an Dir dann esou Mesurë wéi déi heite musst oder wëllt aféieren. Mir behandelen heimadder d'Symptomer an net d'Ursach vum de Problemer.

Här President, Verschiddener waarde schonn eng Zäitchen op dëst Gesetz. Et ass jo en Deel vun deem faméisen „Drogekriminalitéitsbekämpfungspak“. Déi, déi scho laang op dëst Gesetz waarden an derno geruff hunn, deene geet et elo net wäit genuch. Déi wëllte souguer – an ech zitieren –, „egal wou ee lungert, datt d'Police do kann intervenéieren“. Ech muss soen, do kann ech mech just schummen, bei esou Aussoen, an ech free mech, wou den „C“ an den „S“ do sinn!

*(Protestations)*

A ben, jo! A ben, jo!

Well erënnere mer eis drun, wie virun allem d'Affer sinn. Mir sollen net si, déi Aarm, déi Prekariéiert, bekämpfen, mee d'Aarmut! Dat gouf elo schonn he gesot. Dat awer mécht dat Gesetz hei: Et bekämpft déi Ausgrenzt. An Dir kënnt et nach esou ausleeën, wéi Der wëllt, a vu „garantie d'accès“ schwätzen oder et positiv formuléieren an, genee wéi Der et mat der CCDH gemaach hutt, mir soen, datt et kee wuertwärtleche Platzverweis ass, mee mat Repressiounen wéi där heiter léise mer keng sozial Problemer vun enger komplexer Natur.

Här President, mat deem heite Gesetz gëtt d'Regierung dem Drock vu riets no. Et ass ëmmer e politesche Choix. Hei ginn deenen engen hir Fräiheeten zréckgeschrauft, fir deenen anereren hir Fräiheeten ze garantéieren. Dat gesäit d'Mënscherechtskommission och esou. Dofir sollen d'Limitatiounen noutwendeg a proportional sinn, esou d'CCDH weider.

Am Exposé des motifs vum Gesetz steet dann, et géif een den Arbiträr ausschléissen. Sorry, mee dat ass absolut net kloer! Et bleiwe vill Froen op, virun allem, wat d'Praxis ugeet, an ech wäert se hei zitieren:

Ab wéini ass eng Entrave stéierend genuch – „suffisant“, schreift d'CCDH –, fir e Mënsch a senger Beweegungsfräiheet anzeschranken an eventuell, wann en awer muss geréckelt ginn, a sengem Recht op kierperlech Integrität anzeschranken?

Zweet Fro: Wat genee ass eng Entrave? Do, wou den Term „blocage“ vill méi kloer gewiescht wier, ass den Term „entrave“ vill méi oppen. Wann eng Persoun zum

Beispill an enger Entrée setzt, déi véier Meter breed ass, wou nach genuch Plaz wier fir laanschtzekommen, ass dat da schonn eng Entrave? Deemno léisst den Term vill Sputt fir Interpretatiounsméiglechkeeten. Fir d'CCDH ass och dat eng Source d'insécurité juridique a mir sinn do ganz bei hinnen.

Drëttens, mir wëssen net, wéi deen „au besoin par la force“, dee virgesinn ass, ausgesäit. Wéi gesäit déi Force aus? Wéi eng Gewalt gëtt ugewannt? Wéi vill Leit kënnen eng Persoun réckelen? Mat wéi enger Force, wéi engen Outilen? A bis wouhinner geet dat?

Véiertens, wéi wäit, also wéi vill Meter, soll eng Persoun kënnen geréckelt ginn a wouhinner gëtt se bruecht?

Déi nächst Fro ass dann en anere Punkt, deen och d'Mënscherechtskommission soulevéiert huet: Dat ass d'Onkloerheet, wéini genee eng Identitéitskontroll gemaach ka ginn. Wa mir den Artikel 5bis liesen, dann huet een d'Gefill, datt d'Identitéitskontroll sech op déi drëtt Etapp beschränkt, wou jo bekannterweis de Rapport geschriwwen gëtt, déi drëtt Etapp. Wa mer allerdéngs den Artikel 5. (2) vun der Loi modifiée vun 2018 iwwert d'Police kucken, da gesäit een, dass do steet: „La Police peut procéder à des contrôles d'identité des personnes visées par une des mesures prévues aux articles“, bon, Dir wësst, wat et ass: 5bis, 7, 10, 12, 13 a 14. Hei steet elo „par une des mesures prévues“ an et gëtt elo eng Referenz op den Artikel 5bis gemaach. Dëse Saz liest sech dann allerdéngs, wéi wann d'Identitéit bei all einzeler Etapp vum 5bis kontrolléiert kéint ginn, also och scho beim Rappel à l'ordre; bei deenen anereren Etappen also. Dat ass relativ onprezis a vag.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Sechstens, well dat interpretéierbar ass an eeben onprezis, bleift de Risiko, dass dëst Gesetz, dësen neien Hiewel benotzt gëtt, fir Identitéitskontrollen ze maachen a spezifesch, bestëmmt eventuell ongewollt Gruppen ze viséieren. Do ass also nach ganz vill oppen a ganz vill vag a ganz vill onprezis. Dofir ass den Arbiträr net kloer ausgeschloss.

Här President, wat fir eis zielt, sinn net schéi Wierder wéi d'Garantie d'accès, mee op wat dëst Gesetz wäert erauslafen oder kann erauslafen. D'Intentioun, Willkür ze evitéieren, ass eiser Meenung no net ginn. Am Géigendeel, mir fäerten eng repressiv Schinn an engem Domän, dee misst ënnert d'Sozialpolitik falen.

Mir brauchen dofir, och dat ass den Owend scho gesot ginn, vill méi eng proaktiv Politik, fir Aarmut ze bekämpfen, an net déi Aarm, fir d'Mënschen aus der Obdachlosegkeet ze huelen, an dofir ganz kloer eng proaktiv Wunnengspolitik, fir d'Recht op Wunnen ze garantéieren, an notament den „Housing First“. A wou sinn déi vill versprach „Housing First“-Unitéiten?

Ech erënnere an deem Kontext un den Debat d'lescht Joer, wou d'Familljeministeschen den „Housing First“ explizit ënnerstrach huet. A gläichzäiteg huet den nationalen Drogebeoptraagte gesot – an ech zitieren, wat e sot –, et géif ee keng Objete fannen. Dat war d'lescht Joer.

Här President, e Land, eng Gesellschaft, eng Regierung moost sech drun, wéi se mat hire schwächsten, hiren ärmsten, mat de prekariéiertsten Mënschen ëmgeet. Mat dësem Gesetz bekämpft d'Regierung een Deel vun dëser Minoritéit, amplaz géint déi wuessend Ongläichheeten an d'Aarmut virzegoen. Amplaz ze destigmatiséieren, mécht d'Regierung de Géigendeel! Si verstärkt de Stigma vun de Mënschen op der Strooss. An net nëmme dat: Si erlaabt et, mat enger repressiver Aart a Weis géint si virzegoen. Dat ass, éierlech gesot, e geféierleche Wee.

Dëst Gesetz an esou Moosname wäerten net zu enger inklusiver Gesellschaft bäidroen, wäerten net zu méi Solidaritéit féieren an net zu méi Versteesdemach an Toleranz vis-à-vis vun deem anereren. Ech soe just: Gutt geschafft!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. D'Gesetz ronderëm de sougenannte Platzverweis war fir eis Piraten keng einfach Entscheedung. Mir hu vill missen ofweien. Op där enger Säit verstinn ech déi Leit, déi heemkommen an hir Entrée ass blockéiert. Si hunn doheem Problemer, si kommen net eran. Och wann ech mer dat bei mir elo einfach virstellen, wann ech da mat de Kanner géif heemkommen ..., et ass elo net dat, wat ech mer all Owend géif wënschen.

Dofir verstinn ech, dass dee Platzverweis muss kommen an dass et Situatiounen gëtt, wou eeben eng Police déi Méiglechkeet muss kréien, well eeben d'Fräiheet vun engem anereren a Gefor ass, well een en anere blockéiert an deementspriedend esou eppes muss sinn.

Op där anereren Säit hu mer awer esou vill sozial Problemer am Land an esou vill Fäll, déi vläicht keng aner Alternativ hunn, wéi en Agang ze blockéieren. Huele mer elo den déiwe Wanter: vill Leit, déi op der Strooss sinn. A kuckt een eng Kéier zum Beispill d'Aarbecht vun de Street Angels – et gëtt der ëmmer méi. Dëse Wanter waren d'Zuelen erëm explodéiert vu Leit, déi keen Daach iwwert dem Kapp haten, déi eppes gesicht hunn. Da schléit op där enger Säit bei der Entscheedung vum Platzverweis awer d'Häerz och fir ... Ech weess, dass et desagreabel ass, wann een een an der Entrée leien huet, mee, bei minus 10 Grad dobaussen, wann dat deem awer op där anereren Säit vläicht d'Liewe rett! Dat ass eeben dee Problem, dee mer hei hu mat deem Platzverweis: op där enger Säit esou, op där anereren Säit esou.

Dofir sinn ech och haut der Meenung, dass et esou, wéi et geschriwwen ass, fir mat där softer Versioun – well dat ware jo länger Diskussiounen an der Kommission – elo emol unzefänken, eigentlech eng gutt Etapp ass, dass mer net direkt op déi vill méi streng Mesurë ginn, well et eebe Leit sinn, déi a schwéiere Fäll sinn. Et dierf ee jo net soen, dass jiddereen, dee mat Drogen a Kontakt ass, e Kriminelle wär, wann deen an der Entrée läit oder iergendzwoousch ass. Déi si jo selwer gesondheetlech ugeschloen. Déi hu selwer hir Problemer ze droen. Dofir muss een do wierklech awer herno och mat Verstand an Häerz, och als Police, virgoen.

Dofir ass et gutt, dass am Text elo emol eng soft Variant kënnt, wou ee sécherlech an een, zwee Joer eng Kéier muss kucken, wou se higefouert huet. Ware Problemer do? Gouf vläicht ze oft een ewechgeholl, deem seng lescht Méiglechkeet dat awer war fir ze iwwerliewen? Well et ass einfach gesot: „Jo, déi kënnen an eng Wanteraktioun.“ Ech weess awer ganz genau, dass déi voll war am Wanter! Déi Leit kënnen dann néierens hin. Dat sinn einfach Problemer, déi opstinn.

An zu där Fro virun, déi ech dem Här Benoy wollt stellen: Jo, Streetworker, ech si vollkommen averstane mat Iech! Ech sinn och averstane mat der gesellschaftlecher Politik, déi Der hei virgestallt hutt. Mee Dir hutt gesot: „Méi Streetworker“. Jo! Mee déi kommen awer net!

Zum Beispill, mir als Gemeng – an d'Gesetz hei ass jo fir d'ganz Land dann, mir schwätzen déi ganzen Zäit iwwert d'Stad Lëtzebuerg, mee et wäert fir all d'Gemenge sinn –, mir als Gemeng hunn e Streetworker



ugefrot beim Ministère. Mir hunn e Refus kritt! An dunn hu mer gesot kritt, dat wär an anere Gemengen dee selwechte Fall. Dat heescht: Dir kommt heihinner, Dir werft deenen anere Populismus an alles vir, mee Dir selwer als Regierungsparteie refusiert awer dann de Gemengen, déi eppes wëlle maachen, de Streetworker!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Ech sinn net zoustänneg fir déi dote ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dofir sidd Dir dann net zoustänneg, ok! Et ass notéiert, ok.

*(Brouhaha et interruptions)*

D'Regierung ass net dofir zoustänneg, ok.

Ech ka just soen: Dat sinn all déi Elementer, déi mussen an dee Plang materageholl ginn. Well mir maachen haut vläicht déi e bësse méi repressiv Moosnamen. Mir mussen awer op där anerer Säit och dat anert alles ausbauen. Mir brauchen eng aner Drogepolitik. Mir mussen déi Jonk upaken. Mir musse kucken, dass mer mam Logement weiderkommen. Well et kann ee jo net mengen, an dat ass e bëssen dat, wat mech an den Diskussiounen heiansdo stéiert ... Et gëtt vläicht een, zwee Modellen, mee et ginn der net vill, déi fräiwëlleg eng Dier blockéieren oder fräiwëlleg do leien. Déi Leit sinn an enger Situatioun, wou et dat erfuerdert huet.

An do muss de Staat upaken: fir deene Leit eng aner Hëllef ze ginn. Da muss d'Police emol net geruff ginn, da muss d'Police net kommen. Well ech weess och, dass et desagreabel ass fir d'Policebeamten. Et huet ee jo och als Politiker vill Kontakt mat de Policebeamten. A wann déi mussen ee bei enger Dier ewechhuelen, dat ass och net elo dat Schéinst, wat se sech am ganzen Dag kënnen virstellen.

Dofir, dat heite Gesetz wäerte mir haut matstëmmen, mee mir froen awer och ganz kloer op där anerer Säit vill méi sozial Mesuren, fir de Leit ze hëllefen. A mir wäeren och frou gewiescht, dat hat ech an der Kommissioun jo ugeschwat, wann den Term – wat de Staatsrot, wann ech mech richtig erënneren, jo och kritiséiert hat – vum „bâtiment“ ... Dat ass einfach schlecht gewielt. Dat ass keng propper Aarbecht am Text. Ech froe mech an ech weess och net, firwat de Minister net dorop reagiert huet. De Staatsrot huet et kritiséiert. Dunn hu mer et nach eng Kéier an der Kommissioun opgegraff. Et wollt awer keen drop agoe vun der Regierung. An et ass awer en Term, deen herno um Terrain de Beamte sécherlech nach wäert Kappzerbrieches maachen, wat dann elo „bâtiment“ ass a wat eppes ... Dat hätt ee kënnen vill méi propper léisen.

Dat selwecht ass et mat dem – dat hat ech jo och gefrot an der Kommissioun – Problem mat de Residenzen. Dat wäert virun allem an der Stad e Problem sinn: déi éischt an déi zweet Dier an enger Residenz. Et ass een nach net um Privatterrain, bei engem an der Wunneng, mee wéi oft gëtt eng Schell opgedréckt? Dat wäert elo e Phenomeen sinn, dee geschitt, dat heescht, mir hunn herno e Platzverweis hei, wou bei der éischter Dier de Mann do ewechgeholl gëtt – déi kréien dat jo dann och schnell spatz –, da geet e bei déi zweet leien, déi awer erëm fir jidder een ass, wat dann eng Aart Servitude ass, wou dann erëm de Problem entsteet.

Dat sinn eeben alles Saachen, wou een an engem oder zwee Joer ganz kloer nach eng Kéier muss kucken, wéi dat sech iwwerhaupt entwéckelt huet. Well ech hunn ëmmer e bësse Matleed mat de Beamten, déi et herno mussen ausféieren. Wann hei am Text Terme wéi „bâtiment“ oder esou net kloer sinn, sinn et herno d'Beamten um Terrain, déi mussen d'Entscheidungen huelen. An herno, wann

iergendeppes schifleeft, wësse mer jo, dass si herno eng an d'Akaul kréien, an dat ass ...

Ech hätt mer gewënscht, dass do dem Staatsrot nogelauschtert gi wär an dass een do déi Verbesserung matagebaut hätt. Mir stëmmen dem Gesetz haut mat Bauchwéi zou, mee mir verstinn awer déi Leit, déi an enger Situatioun sinn, dass se e Platzverweis brauchen.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**Plusieurs voix** | Oo!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Här President, léif Kollegeginnen a Kollegen, ech weess, et ass scho spët an ech hätt Iech och elo léiwer net nach mat enger zousätzlicher Interventioun hei chargéiert. An ech hunn eigentlech och fonnt, dass mer eng ganz gutt Debatt haten, wat déi éischt puer Riedner betrëfft. Ech muss och hei soen: Chapeau fir d'Kollege Lamberty a Biancalana, déi eigentlech eng ganz roueg, fondéiert Ried hei gehalen hunn, an do si ganz vill Saache gesot ginn, déi ech och honnertprozenteg hätt kënnen ënnerschreien.

Du kouw awer den Optrëtt hei vum Här Benoy. An normalerweis kennt ee jo den Här Benoy als e rouegen, poséierte Politiker, mat deem een ëmmer kann an engem rouegen Toun diskutéieren. Abee, ech hunn hei den Här Benoy héieren, ech hunn en net méi erëmmerkannt! Ech weess net, ob dat dermat ze dinn huet, dass den Här Benoy elo Buergermeeschterkandidat an der Stad ass, ...

*(Hilarité)*

... ob dat elo deen neie Stil vum Här Benoy wäert ginn, mee ech muss Iech awer soen: Do sinn awer eng Rei Saache gesot ginn, Här Benoy, ech ... Wéi gesot, dass déi aus anere Mënnen géife kommen, zum Beispill hei op menger rietser Säit, dat hätt ech erwaart. Mee Dir hutt awer, muss ech wierklech soen, hei eng Aart Populismus gemaach, deen awer ganz schwéier ze akzeptéieren ass, an ech muss awer wierklech dorobber reagéieren.

Dir hutt nämlech do meng Partei, meng Fraktioun hei accuséiert, mir géife verschidde Leit wëllen „aus dem Stadbild verbannen“, hutt Der wuertwärtlech gesot, ...

*(Brouhaha)*

... an ech fannen, dat ass awer eng äusserst grav Accusatioun.

Fir d'éischt wëll ech soen, Här Benoy, an Dir wësst dat, Dir sidd eminente Member vum Stater Gemengerot: Do ass e Schäfferot an do ass och e Gemengerot. A souwäit ech mech erënnere kann, hutt Dir an deene villen Debatten – an dat éiert Iech – ganz vill, fir net ze soen déi meeschte Mesuren ëmmer matgestëmmt, notament och déi ganz, ganz vill sozial Mesuren, déi d'Stad Lëtzebuerg hëlt. An ech hunn Iech och eigentlech ganz wéineg héieren aner Moosname kritiséieren.

Duerfir sinn ech elo erstaunt, dass Dir hei de Reproche maacht, d'CSV wëlt hei verschidde Leit aus dem Stadbild verbannen. Ech fannen dat kee gudde Stil an dat entsprécht och wierklech net der Realitéit. An ech wollt dat elo emol nach eng Kéier hei festhalen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Zweetens muss ech soen – an den Här Gloden hat méi wéi Recht –, Dir

hutt virun e Plädoyer gehalen, ech war iwwerzeegt, Dir géift herno soen: „Abee, mir kënnen leider eis Zoustëmmung zu deem Projet do net ginn!“, well Dir hutt hei eng Argumentatioun gefouert, déi a sech eigentlech alles a Fro gestallt huet, wat den Här Kox duerch dese Projet de loi ëmsetze wëllt, mat allem, wat Der gesot hutt.

An da muss ech Iech soen, an dat huet mech awer nun am allermeeschten hei gehäit, Här Benoy, Dir sot: „Elo ass emol endlech eppes geschitt, wat de VisuPol betrëfft.“ Här Benoy, wien ass elo bal néng Joer an der Regierung?! Och Dir, Är Partei ass néng Joer an der Regierung! A wien huet elo scho säit esou vill Joer de Polizeiminister? A fir dann do ze soen: „Elo, gott-seidank, si mir do. Elo ass emol eppes geschitt beim VisuPol!“

An da muss ech Iech soen: Wat ass da geschitt beim VisuPol? Nodeem entre autres d'CSV massiv intervenéiert ass, fir dass endlech emol sollt eng Base légale kommen – an ech kann Iech all meng Question-parlementaire weisen –, a mer d'ailleurs ganz vill gutt Reuniounen mam Minister Kox doriwwer haten, sinn dann elo endlech op enger Rei vu Plazen déi Kame-raen och akzeptéiert ginn.

An Dir hutt ëmmer, an den Här Kox och, natierlech drop insistéiert, dass dat alles selon les règles de l'art an och a puncto Dateschutz an der Rei wär. Duerfir war eist Erstaunen ëmsou méi grouss, wéi mer als Gemengerot hu misse feststellen, dass d'Kameraen, déi iwwert de VisuPol-System lafen, zumindest deelweis vu Sécherheetspersonal surveilléiert ginn, vu private Sécherheetsgesellschaften, ...

*(Brouhaha et interruption)*

... private Sécherheetsgesellschaften. D'ailleurs, an ech muss dat awer soen, Här President: Ech hu wierklech heiansdo e Problem mat der Duebelmoral vun de gréng Kollegen!

*(Protestations et brouhaha)*

An ech ginn Iech do nach en anert Beispill. Lauschtert emol gutt no. Ech ginn Iech do nach en anert Beispill: Nodeem déi gréng Kollegen net midd ginn, permanent d'Stad mat de private Sécherheetsgesellschaften do ze kritiséieren, déi géife sech net u Gesetzter halen – wat falsch ass, wat falsch ass! –, elo op eemol héiere mir dann zu eisem allgeréissten Erstaunen, dass, nodeem déi gréng permanent dat a Fro stellen, zu Dräibuer an enger Struktur fir Mannerjäreger, wat mat déi kriddelegst Struktur ass, Dir Dammen an Dir Hären, ech konnt mengen Oueren net gleewen, ...

**Une voix** | Oh là là!

*(Brouhaha)*

**M. Laurent Mosar** (CSV) | ... dass do privat Sécherheetspersonal elo déi jonk Leit surveilléiert. Dat muss Der Iech virstellen: Déi selwecht Gréng, déi eis permanent Reprochë maachen iwwer privat Sécherheetsgesellschaften, engagéieren ouni Ausschreiwung – soen ech och! – eng privat Sécherheetsgesellschaft, fir schwiereng jonk Leit zu Dräibuer ze encadréieren!

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass gréng Duebelmoral, an dat muss een och emol eng Kéier kënnen ganz kloer soen!

**Une voix** | Très bien!

**Une autre voix** | Populismus puer!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Da wëll ech awer och nach eng Kéier ganz zum Schluss, well dat mech och extreem stéiert ...

*(Brouhaha)*

... dat ass ëmmer déi Diskussioun, déi ech héieren: „Et muss méi um sozialen Niveau gemaach ginn!“

Also ech weess net – an Här Benoy, Dir misst dat jo eigentlech wëssen, well Dir stëmmt dat jo ëmmer mat grousser Begeeschterung mat, an dat éiert Iech –, wi-vill Efforten d'Stad mécht, wat déi sozial Preventioun betrëfft. A mir hunn do en exzellente Schaffen, de Maurice Bauer, dee sech awer wierklech praktesch 24 Stonnen op 24 mat där Thematik do befaasst. Duerfir kann ech net akzeptéieren, wann elo hei de Virwurf gemaach gëtt, hei géif net genuch um Niveau vun der sozialer Preventioun gemaach ginn! Dat ass falsch!

An der Madamm Oberweis wëll ech och nach eppes soen, ...

*(Exclamations et hilarité)*

... well ech hir jo ëmmer attentivement nolauschten. Madamm Oberweis, d'Onsicherheit – an ech hunn Iech dat schonn e puermol gesot –, dat weisen all d'Etüden, trifft virun allem déi sozial Schwaach, och bei eis an der Stad. An ech kann Iech – an aner Kollegen och – d'Maile weisen, déi mir vu sozial ganz schwache Leit an der Stad kréien, deenen nottamment hir Entrée besat sinn, nottamment! Well ech soen Iech och, datt déi, kommt mir soen „sozial vläicht besser gestiwelt Leit“ nach à la limite eens gi mat deem Problem. Mee déi, déi am meeschten, léif Kolleginnen a Kollegen, ënnert der Onsicherheit leiden, dat sinn déi sozial schwache Leit! An duerfir, haalt wannechgelift op, ëmmer esou ze maachen, wéi wann dat dote just e Problem Aarm géint Räich oder Räich géint Aarm wär. Dat ass net esou!

An dann e lescht Wuert, an dat wëllt ech dem Här Kersch soen, dee leider am Moment net do ass, mee Dir kënnt him awer gär de Message viruginn.

*(Hilarité)*

Ech muss Iech jo soen: Ech kommen ... An dat ass och déi Fro, déi ech dem Här Kox stellen. Mir huelen elo hei eng Mesure. Déi ka vläicht fir eng Rei vu Situatiounen gutt sinn. Allerdéngs hu mir – an ech schwätzen hei ënnert dem strenge Bléck vu menger Buergermeeschtesch – an der Stad eng Thematik vu Leit, déi sech alle sozialen Hëlfeften entzëien. Déi sech alle sozialen Hëlfeften entzëien!

An dat ass net e Problem, datt déi Leit net iergendwéi géifen en Zëmmer oder eng Schlofméiglechkeet zur Verfügung gestallt kréien. Et ass net, datt déi Leit net géife gehollef kréie vun eise Streetworker. Déi Leit wëllen dat awer net. Déi wëllen et net a mir kënnen – an et ass virdru vill hei vu Mënscherechter geschwat ginn –, léif Kolleginnen a Kollegen, kee géint säi Wëllen obligéieren, an eng Struktur ze goen a sech vun engem Assistant social hëlfeften ze loossen. Dat geet net!

Et ass awer nun esou, datt, net ëmmer, mee en Deel vun deene Leit Partie sinn – an dat soen ech och ganz kloer – vun enger organisierter Heescherei, déi sech een einfach wëssen, enger Heescherei, déi sech organiséiert, wou ech Leit hei ausgebeut ginn. An dat ass jo dat, wat esou schlëmm ass: Hei gi Leit ausgebeut an déi kréien och quasiment verbuede vun deene Leit, déi iwwer hinne stinn, fir sech a sozial Strukturen ze beginn. An ech mengen eeben, datt déi Mesure, déi mer hei huelen, eebe keng Äntwert ass op déi doten Thematik.

An duerfir wëll ech hei nach eng Kéier soen, datt déi Amendementen vu mengem Kolleg Léon Gloden an déi richteg Richtung ginn. Mir hunn d'Impressioun, hei gëtt eng Mesure geholl, déi an déi richteg Richtung geet, dat wëll ech och ënnersträichen, mee ewéi esou oft ass d'Fläsch hei just hallef voll. Mir hätte léiwer gehat, si wär ganz voll gewiescht.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. Da Parole fir den Här François Benoy weinst Fait personnel.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, villmools merci. Villmools merci, Här President. Also Här Mosar, ech weess wierklech net, wou Dir elo waart. Dir waart dach am Sall, wéi ech geschwat hunn. Ech hunn eng extreem poséiert a roueg Ried gehalen, ganz am Géigesaz zu Iech. Dir hutt Iech hei wierklech e bëssen theatralesch héichgespillt an ech weess guer net, ob dat eigentlech néideg war, well ech fannen, och a menger Interventioun war ech ganz sachlech. A voilà! Ech weess net, wann Dir Iech iergendwéi ugegraff fillt, da weess ech net, wéi Der dorops kommt. Mee voilà, ech mengen, ech hunn eng ganz roueg a sachlech Ried hei gehalen.

Fir Iech nach eng Kéier eis Positioun kloer an daitlech ze erklären: Jo, mir si ganz kloer géint e generaliséierte Platzverweis, well et einfach eng Mesure ass, wéi ech erkläert hunn, déi mir net kënnen matdroen. Mee hei geet et wierklech drëm, fir eng Äntwert op e Problem ze hu vu Leit, déi wierklech net méi an hir Haiser erakommen. An ech hunn Iech jo och schonn developpéiert, firwat mir dofir déi dote Mesure och néideg fannen: fir dass do eebe polizeilech ka geschafft ginn. Dat ass e groussen Ennerscheed zum generaliséierte Platzverweis, wou Dir awer derfir sidd, an do ënnerscheede mir eis einfach ganz daitlech vuneneen.

**Une voix** | Ganz daitlech.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Ben, voilà! Fir mech ass e generaliséierte Platzverweis awer eppes, wat definitiv ze wäit geet, an implizit heescht dat, e generaliséierte Platzverweis, dass ech verschidde Leit einfach net wëll an der Voie publique hunn. An dat ass eppes, wat ech net ënnerstëtzen a meng Partei och net ënnerstëtzt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | A par rapport zu anere Fuerderungen, déi ech nach gemaach hunn: Jo, hei geet et drëms, wéi et och mat anere Mesurë scho gemaach ginn ass, dass polizeilech Äntwerte kommen. Wéi gesot, d'Sicherheit ass e ganz seriöt Thema, wat mir och um Häerz läit a wou et ganz wichteg ass, dass mer Äntwerten drop fannen. Mee mir wäerten awer déi Problemer, verschidde Problemer, déi mer am Land hunn, net eleng mat polizeileche Mesurë léisen.

An ech hunn elo och net speziell Iech oder soss een attackéiert, mee Dir fillt Iech scheinbar immens attackéiert. Ech weess och, dass eng Rei gutt Mesurë vun Iech am Gemengerot geholl ginn. Ech hunn och ni de Contraire behaupt. Wat ech awer och feststellen, ass, dass et awer net duergeet.

Ech soen Iech elo nach eng Kéier, Här Mosar, wat d'Experten alleguerne soen. Si soe ganz kloer, dass mer am Urbanismus nach méi wäit musse goen. Dat ass eng generell Diskussioun. Déi féiert och wäit iwwer de Kader ewech vun der Stad. Mir si jo hei an der Chamber, mir sinn hei net am Stater Gemengerot. Si soen, dass mer e gudden Eclairage brauchen, dass mer keng verstoppten Ecker brauchen, dass mer un der Propretéit musse schaffen. Da soen d'Experte vum Terrain och ganz kloer, dass mer den „Housing First“ musse ausbauen. Mir musse d'Offer verdräifachen, Här Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Dat maache mir an der Stad, Här Benoy, ...

**M. François Benoy** (déi gréng) | A sou? Dann nennt mer emol d'Chifferen, wou Der se verdräifacht hutt!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Lauschtert emol no am Gemengerot, lauschtert dem Här Bauer no!

**M. François Benoy** (déi gréng) | A, da sot mer emol d'Chifferen, Här Mosar! Vu wivill hutt Der se da verdräifacht op wat? Et gëtt an der Stad vläicht 25 Wunnengen am „Housing First“. Dat ass och net reng eng Stater Saach, mee do sinn och aner ëffentlech an national Acteure gefuerdert. Mir sinn ongeféier bei 25 a mir missten, wa mer se géife verdräifachen, op 100 goen am „Housing First“. Dann, leschte Punkt ...

**Mme Simone Beissel** (DP) | D'Madamm Polfer seet, déi Chifferen do wäre falsch vu 25. Här Benoy, wann ech gelift, sot richteg Chiffere vum „Housing First“!

*(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)*

**M. François Benoy** (déi gréng) | Nach ee Punkt ...

*(Brouhaha général, interruption par M. Laurent Mosar et coups de cloche de la présidence)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | De Stater Gemengerot an Aktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Benoy huet d'Wuert!

**M. François Benoy** (déi gréng) | An dann nach ee Punkt. Ech bleiwe bei deem, wat d'Experten ons soen, Här Mosar, a wéi gesot, do sinn och méi Acteuren dovunner concernéiert: Wat d'Drogenhëllefstrukturen ugeet, do soen d'Experte ganz kloer, dass mer musse vun enger grousser Struktur, wéi mer se am Moment hunn, op méi kleng Strukture goen a méi dezentral Strukturen. Dat sinn och net Saachen, déi ech erfannen. An do si mer allegueren nach gefuerdert, op deene verschidde Plazen, wou mer engagéiert sinn, drun ze schaffen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. An da freet den Här Kersch d'Wuert a kritt et och wéinst Fait personnel.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Ech wäert et net esou laang maache wéi den Här Benoy virdrun. Ech wollt just soen, wann ech den Debat e bëssen nolauschten, hunn ech den Androck, dass d'Gemengewale kuerz virun der Dier stinn. Mir sollten eis awer vläicht op dat beschränken, wat hei an der Chamber wichteg ass.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech wollt just soen, dass ech zwar während engem Moment hei erausgetruede war, Här Mosar, mee dass ech mer de Privileeg net huele gelooss hunn, Iech awer nolauschten. A wann Der mech drop uschwätzt: Iwwert d'Problematik vun der organisierter Heescherei soen ech Iech, dass déi hei zu Lëtzebuerg verbuede ass an dass mer och mussen all eis Moyenen notzen, déi eis d'Gesetzter ginn, fir déi ze bekämpfen, an zwar an der Haaptsaach – an do betounen ech dat – déi, déi „hannert“ där organisierter Kriminalitéit an Heescherei stinn, an net onbedéngt déi, déi se mussen ausféieren, well se keen anere soziale Choix hunn. Ech hoffen, dass mer eis do eens sinn!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Mir sinn eis bal ëmmer eens.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Gesitt Der!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kersch. An da geet d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Ech sinn och ganz kuerz. Ech wollt just op den Här Mosar reagéieren, dee mech sou léif beléiert



huet. Also ech wunne jo am Quartier, am sougenannten „Hotspot“, an ech muss Iech soen, ech weess natierlech, dass vill vun deene Leit, déi do wunnen, net déi éischter räich Leit sinn. Dat ass mer evident.

Mee ech mengen, et ass mer kloer, also Dir hutt jo elo hei e bëssen déi Aarm géint déi Aarm ausgespillt, andeems Der quasi gesot hutt, si wären Demandeur dovunner. Ech mengen awer net, dass ... À la base ass déi Iddi jo ëmmer erëm vun der CSV an och vun der DP, jo, rezirkuléiert ginn. Dir hutt jo wierklech dat Angschtgefill opliewe gelooss a wierklech déi ganzen Zäit ënnerhalen. An ech mengen, dat koud jo wierklech ganz kloer iwwert déi lescht Jore vun Iech. Also ech mengen net, dass een do déi Aarm géint déi Aarm soll ausspillen.

An ech mengen, Dir huet de Platzverweis als Léisung. Ech muss nach eng Kéier soen: De Platzverweis ass keng Léisung, et ass keng Äntwert. Wat Dir hei wëllt maachen, ass eng Symptompolitik. Ok, wann Der d'Persoun wëllt réckelen, wouhinnet geet se? Kënnst se net erëm? Et ass keng nohaltig Léisung! Wat wëllt Der mat de Leit maachen? Wëllt Der se verschwannen dinn? Wou wëllt Der se himaachen? Ech mengen, et ass einfach keng Léisung, an dat muss een agesinn!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Lydie Polfer.

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Merci, Här President. Wéi gesot, ech wollt hei net Gemengepolitik maachen. Ech wëll awer ganz kloerstellen, datt déi Zuelen, déi den Här Benoy genannt huet, einfach falsch sinn!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

(Interruption)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Polfer.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | An der Chamber soll ee richtig Zuelen nennen!

**M. Fernand Etgen**, Président | An da ginn ech d'Wuert un d'Regierung, den Här Minister fir bannen-zeg Sécherheet, den Här Henri Kox.

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng), rapportrice | Wéi sinn dann d'Zuelen?

**M. François Benoy** (déi gréng) | Wéi sinn dann d'Zuelen?

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | Merci, Här President. Entschëllegt och nach déi Debatt zu spéider Stonn. Ech war am Dag e bëssen opgehalde ginn op engem Flughafen, dofir konnte mer d'Debatt net de Mëttag féieren.

Ech wëll awer direkt am Ufank der Rapportrice Stéphanie Empain Merci soen, souwuel fir de schrëfleche Rapport, well am schrëfleche steet ganz vill dran an et geet och op déi Detailler an, déi haut de Mëtten hei vu bal jiddwerengem opgeworf gi sinn – an ech wäert dat och nach eng Kéier kuerz zitieren –, wéi dann natierlech och fir déi mëndlech Ausféierungen.

Ech wëll direkt am Ufank véier wichteg Elementer soen, déi an dësem Gesetz ze fanne sinn. Jo, ech hunn en Text gewielt an ech hunn och d'Iwwerschrëft gewielt, nämlech vun der Zilsetzung vun dësem Gesetz. An d'Zilsetzung – an dat ass vu villen hei erwänt ginn – ass, en Accès ze garantéieren, dee blockéiert gouf oder gëtt. An et ass deen Equilibre, deen hei soll gesicht ginn. An et ass eng Mesure fir d'Police administrative. An dat ass, mengen ech, eppes ganz Wichteges, wat oft vergiess gëtt ze soen, dass mer jo

och eng Police judiciaire hunn an eng Police administrative. An hei beweege mer eis am Beräich vun der Police administrative, an ech kommen herno gläich dorop zrëck.

En zweete Punkt ass deen Equilibre, dee mer gesicht hunn. An ech mengen schonn, dass mer hei en Equilibre – jo, et ass vu Spannungsfeld geschwat ginn –, e gesonden Equilibre fonnt hunn tëschent der perséinlecher Beweegungsfräiheet vun deem anere par rapport zu deem, dee blockéiert gëtt, an dat an engem demokratesche Rechtsstaat. An deen hu mer missen duerch e Kader hei schafen.

Dann e Volet, deen och vun de sozialistesche Kolleegen hei erwänt ginn ass, awer och hei vu menge grénge Kolleegen, dat ass déi preventiv Moossnam. Jo, dat heissen ass eng repressiv Moossnam. Déi muss awer einhergeeënd si mat preventive Moossnamen. Weeder eng Stigmatiséierung soll passéieren, nach muss mer awer ganz kloer d'Zesummenaarbecht tëschent ganz villen Acteuren eraushuelen (veuillez lire: Et soll keng Stigmatiséierung passéieren a mir mussen och ganz kloer d'Zesummenaarbecht tëschent ganz villen Acteure fërderen).

An dann déi véiert Mesure vun der Garantie d'accès ass nach eng Kéier e Moyen fir d'Police administrative, nämlech dann ze agéieren – an dat ass och nach eng Kéier wichteg –, wou d'Gesetz seet „lieux accessibles au public“. Et ass nämlech do, wou d'Police administrative dierf agéieren. Doriwwer raus, wann ee bewosst hanner eng Entréessdier geet, si mer an engem anere Beräich, well da si mer bei der Integritéit vun der Privatsphär an da komme mer an de penale Beräich, wat et jo hei explizitt net soll sinn, et soll eng administrativ Aufgab sinn.

An dofir war den éischten Avis esou wichteg, dee mer dem Staatsrot ginn hunn (veuillez lire: dee mer vum Staatsrot gefrot hunn), nämlech: Wat solle mer maachen? An en huet ganz kloer gesot: „Déi Moyenen, déi wuel d'Police haut huet, ginn net grad duer, fir deem doten entgéintzekommen. Dofir muss eng Explikatioun an d'Gesetz vun der Police administrative!“

A si widdersprieche sech awer deels an hirem zweeten Avis, wou se méi eng Generaliséierung wëlle maachen an och de penale Beräich uschwätzen. Mee da si mer bei den Infraktiounen, an dat wollt mer jo bewosst net! An all deenen Diskussiounen, déi mer hatten, all deenen Diskussiounen mat de Gemengen – mat enger Gemeng méi speziell, hei an der Stad, awer net nëmme mat der Stad – goung et drëms, dass d'Police administrative ...

Dofir ass dat esou wichteg, deenen e Moyen, e punktuell Moyene ze ginn, fir och engem Besoin entgéintzekommen, net nëmme dem Besoin vun de Gemengepolitik. Nee, et geet ëm déi Leit – an dat ass vun enger ganzer Rei vun Intervenanten hei gesot ginn –, fir deenen d'Recht ze ginn, dass déi och dierfen heemkommen, dass déi dierfen erakommen, do, wou se wunnen, do, wou se Geschäfte maachen, an do, wou se och wëllen akafe goen.

Et ass déi Schnëttsstell tëschent der öffentlecher Plaz an der Privatsphär, wou et awer „accessible au public“ ass, wou ech dierf e Schratt do eragoen. An et ass do, wou d'Aktioun ka blockéiert ginn, wou dann een iwwernuecht, wou ... wat och ëmmer, ech wollt do net ze vill an d'Detailler goen. An dofir ass dat dee Beräich, wou ech et och dierchaus verstinn, well ech dat selwer konnt erlieden, wéi ech mer e Bild gemaach hunn op der Gare. Awer net nëmme do, mee och a Gespréicher mat anere Gemengepöpp a -mämmer. Déi Däitsch soen ...

Mammen, net „Mämmer“, Mammen, pardon!

(Hilarité)

Ech mengen, ech muss eppes drénken. Et war schonn e laangen Dag haut. Entschëllegt fir den Ausdrock direkt am Ufank, et war wierklech ...

Dofir ass et wichteg, nach eng Kéier op d'Police administrative ze goen. Déi Däitsch soe jo, „Gefahrenabwehr“ maachen. Si soll intervenéieren, fir dass et net zu enger Infraktioun kënnt. An dat ass d'Aufgab vun der Police administrative. An duerfir huet dat hei misse méi prezisiéiert ginn an dat war meng Aufgab an dat war och dat, wat mer all an deenen Diskussiounen gemengt hunn.

Ech wëll awer de Rappel maache vum Gesetz selwer, well et gëtt Äntwerten op all dat, wat haut schonn am Police-administratives-Gesetz ze fannen ass an op dat ettlech Intervenanten och schonn eng Äntwert ginn hunn.

Den Artikel 2 seet: preventiv, proaktiv, dissuasiv a repressiv. Dat sinn déi Elementer, déi d'Police haut schonn ausféiert. Et ass ëmmer eng Gratwanderung bei allen Aktiounen, déi se maachen, ofzeweien tëschent deem: Wéini ginn ech op d'Gewaltwendung? Well si sinn déi Eenzeg, déi dierfe Gewalt uwenden. Dofir si se jo dofir ausgebild, dofir si se Waffenträger. An dat ass en Equilibre, dee si ganz kloer ëmmer mussen halen.

Den Artikel 3 beschreift dat, wat d'Police administrative ausféiert, nämlech de „maintien de l'ordre public“. Et ass dat, wat se probéiert auszeüben an hirem Alldag, awer dann och d'Exekutioun vu Gemengereglementer, awer och de Schutz vun engem Drëtten, wann deen a senger Fräiheet ageschränkt gëtt. An et ass eebe speziell op deem Punkt, wou mer da mussen eppes änneren.

Den Artikel 5, d'Identitéitskontroll, ass ernimmt ginn. D'Identitéitskontroll, jo, kann net einfach esou gemaach ginn. Ech hu während de Manifestatiounen missen op Basis vun enger Évaluation des risques en Dekret ... net en Dekret, en Arrêté ministériel ënnerschreiwen, fir kënnen der Police ze erlaben, dass se Identitéitskontrolle ka maachen, vu dass och deen Trepid ëmmer erëm ass, nämlech dee vum „danger grave, concret et imminent“. Et muss dat virleien, fir déi kënnen aktiv ze maachen.

An hei am Fall, wéini kënnt hei eng Identitéitskontroll? Effektiv nëmme bei där drëtter Moossnam, wann et wierklech huet missen zur Gewaltwendung kommen, wann eng Persoun eng Entréessdier blockéiert an een Drëtter senger Fräiheet beraubt gëtt, fir deen dann awer och kënnen do ewechzehuelen. Da muss déi Identitéit festgestallt ginn, well et muss e Rapport gemaach ginn. Dat muss se maachen, well soss si se falsch vis-à-vis vun hiren Autoritéiten an hunn en Excès ...

Dann, de Périmètre de sécurité ass genannt ginn. Deen ass wuel sou an den Diskussiounen gewiescht, mee e gëtt ganz oft ugewannt bei Feier. Deen hätt och net beim Manifestationsgesetz gegollt, well de Périmètre de sécurité seet: „Do dierfs du net eran!“ Dat ass e Perimeter, wou kee Mënsch dierf erakommen! Dann dierf den Awunner nämlech och deels net do eragoen, wann en do wunnt. Also dofir geet de Périmètre de sécurité net. Et ass awer e wichteg Instrument fir d'Gemengen, well si kënnen en zéien. Et ass nämlech an der Hand vum Buergermeeschter, deen deen Artikel kann asetzen.

Dann den Artikel 14 ... Dann huelen ech de Begrëff awer an de Mond, nämlech dee vun dem sougenannte Platzverweis. Den Artikel 14 ass dat à la limite schonn, awer ëmmer ënnert der Viraussetzung vun

deem Trepied. An dat ganz Gesetz, dat ganz Police-administratives-Gesetz, deen Equilibier, wann Der dat noliest, wéi et entstanen ass 2018, huet ëmmer dorobber geziilt, mat deem véierte Punkt am Ufank vun der Preventioun fir d'Éischt proaktiv an dissuasiv ze sinn, dann eréischt Repressioun ze maachen. An dofir ass dat mat deem Equilibier ganz schwéier an et muss och eng immens Ausbildung kommen, fir dass d'Police dat och kann émssetzen. Dofir ass deen esou wichtig, den Artikel 14.

An deen hu mer genotzt! Deen hu mer genotzt während de Manifestatiounen. An dee gëtt och heiansdo genotzt, wann dat ausgeübt gëtt, wann eng Rebellioun ass, wann en Excès – Dir schreift elo zweemol – ass, wann ee sech géif do weigern, e wéilt do net ewechgoen. Mee wann e sech weigert an e sëtzt am öffentliche Raum, dann ass et schwéier, deen Trepied unzesetzen. Dann ass et schwéier ze soen, ob dat „grave, imminent et concret“ ass. Da kënnen mer deen net einfach ewechhuelen an ewechspären.

An et ass deen Equilibier, deen immens schwierig ass. An ech wëll och d'Police net an déi Situatioun bréngen, dass si ee muss ewechhuelen, an eng Réention administrative aspären, well dee vläicht och krank ass, well e psychesch Problemer huet oder aner Problemer. Déi kënnen net vun der Police geléist ginn! Si ass awer e Léisungseffekt fir dee punktuelle Problem.

An doriwwer eraus weess ech, dass d'Gesetz net bis zum Enn kann ausgefouert gi vun der Police! Well d'Police, mengen ech, däerfe mer net an d'Situatioun bréngen, dass se sozial ..., krank, oder wéi och ëmmer, Leit, déi an enger ganz schwieriger Situatioun sinn, als administrativ Police an eng Réention administrative bréngt.

Dat hu mer gemaach während de Manifestatiounen. Dofir soe mer, dass dat Manifestatiounsgesetz ganz kloer muss ausgeschafft ginn – wou mer och nach Diskussiounen wäerte kréien. Well déi hunn eebe grad deen Trepied wëlle maachen! Déi wollten en Danger maachen, déi wollten ... An dat war och konkret, well si waren zu e puer Dausend do! An et war imminent, et war um Punkt, dass et hätt kënnen zu ganz ville Gewaltexcese komme respektiv ...

Dofir ass dat, wat mir hei léisen, e punktuelle Problem, op enger ganz punktueller Basis, wat awer och duerch d'Gesetz dann ausgedréckt gëtt.

Zum Avis vum Staatsrot, do hunn ech dat eent scho gesot: Mir wëllen net an de Beräich vun dem Allgemenge goen, dofir si mer bei „bâtiment“ bliwwen, well dat war d'Ufuerderung an dat war och d'Diskussioun vun Ufank un, dass mer eis op de Bâtiment solle beschränken. Dofir beschreift dee fir mech d'Ausféierlechkeet, fir dat heiten émssetzen.

Wat seet en awer zu de Rechter? Zu de Rechter seet e ganz kloer – wat ass d'Libertéit vun dem Einzelnen? –, e verweist op eis Verfassung: Mir hunn dat net esou kloer drastoen, awer den Artikel 12 „relatif à la liberté individuelle“, do kann een indirekt dat dra sichen. Och den Artikel 11 Paragraf 3 „relatif à la vie privée“, déi geschützt ass, an de Protokoll 4 vun der Convention de sauvegarde des droits de l'homme et des libertés fondamentales, déi ginn dat hier, dass d'Libertéit dat iewescht Gutt ass, dass mer déi fräi Circulatioun net dierfen aschränken. Et sief, an dat schreift en awer och – souwuel international Konventionen wéi och de Staatsrot selwer soen –, wann Der et beschreift am Gesetz!

An dat hu mer hei probéiert. An dat, mengen ech, hu mer och hei fäerdegbruecht, well – an dat war mäin Argument vun Ufank un ëmmer erëm – zwou individuell Fräiheeten openeestoussen, an dofir priméiert awer fir mech déi selwecht individuell

Bewegungsfräiheet, wann ech gären heemkommen! Wann ech gär heem a mäi Bett oder meng Stuff oder wuer och ëmmer, bei meng Kanner wëll kommen! Dofir ass dat wichtig, dass dat esou definéiert gouf. An doriwwer eraus ass d'Gesetz, mengen ech, mat deene Artikelen, déi ech virdrun ernimmt hunn, schliisslech ausféierlech genuch.

Den Artikel 14, do hu mer och erkläert kritt vum Policedirekter vun der Administratioun par rapport zu der Proposition, déi den honorabelen Här Gloden gemaach huet, dass et do och zwou Interpretatiounen da géif ginn, déi déi eng bal d'selwecht wéi déi aner géife beschreiwen. An et geet wierklech net drëms, dass mer déi Leit einfach wëllen ewechhuelen.

Ech mengen, ech hunn de Gros gesot. Ech wëll natierlech och d'Limite vum Gesetz soen, a jo, dat hunn ech och schonn am Virfeld gesot, dat hunn ech während de Kommissiounssëtzunge gesot, dass dëst net wäert alles léisen, dass mer eis selbstverständlech musse mat deem Paquet nach vill méi intensiv ausernersetzen.

Ech maachen den Tour de Moment an d'Regiounen. Ech si ganz oft ënnerwee an d'Gemengen. Ech wäert – hei si jo e puer Representanten aus der Stad Lëtzebuerg – natierlech weiderhin op deem Thema mat Iech wëlle konstruktiv, an et geet nëmme konstruktiv, awer och zilorientéiert schaffen. Dofir, mengen ech, si mer hei e Stéck zesumme gaangen, e wichtegt Stéck, hunn ech och erkannt. An dofir hunn ech och déi néideg Propositionen gemaach, fir hei eng Zoustëmmung fir Iech ze kréien, soudass mer eng punktuell Léisung kréien, nämlech deene Leit gerecht ginn, déi och e Recht hunn op hir eege Fräiheet.

Dofir soen ech Iech Merci an dofir wäert ech mech elo zréckzeien, ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kox. Parole après ministre fir den Här Mosar.

**M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure** | ... wann den Här Mosar ...

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Jo, merci dem Här Minister. Ech wëll em och e Merci soe fir déi ganz konstruktiv Approche och par rapport zu der Stad Lëtzebuerg. Mee ech hunn och fonnt elo, déi Interventioun war ganz konstruktiv. Ech wollt awer just nach eng Kéier op dee Punkt zréckkommen, wou ech wierklech mengen, dass e Problem ass mat deem Projet de loi, wéi en eis elo zum Vott virgeluecht gëtt.

Dat ass dee konkrete Fall, wou Der richtegerweis sot, Här Minister, wann elo eng Persoun en Hausgang blockéiert, da kennt d'Polizei dohinner. Déi invitéiert deen Här oder déi Fra frëndlech, deen Hausgang ze verlossen. Déi Persoun mécht dat, oder mécht se et net, da geschitt dat par la force an da setzt de Polizist se, kommt, mir soen, an d'Mëtt vun der Strooss an da kéint eventuell – an dat muss jo och dann nach eng Kéier gekuckt ginn – ee vun de Streetworkere vun der Stad Lëtzebuerg mat där Persoun schwätzen, fir hir unzëbidden, da mat an e Foyer ze goen.

Wann déi Persoun awer refuséiert, da kann de Polizist jo näischt méi maachen. Da geet de Polizist fort. Da geet déi Persoun sech an deen zweeten Hausgang setzen. D'Police gëtt erëm geruff an esou geet dat da virun, bis d'Police op eemol d'Flemm huet, an och déi Leit, fir iwwerhaupt d'Police ze ruffen.

Ech mengen, et ass do, wou dee grouse Schwaachpunkt vun dem Projet ass a wou ech wierklech fannen, dass dëse Projet méi effizient ass: dass et muss kënnen méiglech sinn, wa wierklech eng Persoun zwee-, dräimol, nodeem se opgefuerdert ginn ass, en Hausgang ze deblockéieren, sech erëm an en

aneren Hausgang deplacéiert, nodeem d'Police dann och fort ass, eng Moosnam ze huelen, dass do d'Police dann awer kéint op eng Détention administrative zréckgräifen, just an deem dote Fall, en cas de récidive. Déi Méiglechkeet ass am Moment am Text net virgesinn.

An ech wollt Iech just d'Fro nach eng Kéier stellen, wéi Der do virgesitt ze reagéieren, well et geet jo schlussendlech hei och drëm – an ech mengen, all d'Kollegen hunn dat och gesot –, och der Police déi scho schwéier Aarbecht net nach méi schwéier ze maachen an haaptsächlech och der Police an deem Sënn net nach e bëssen d'Flemm anzedreiwien, dass se permanent Leit aus den Agäng eraushuelen, fir se dann eng hallef Stonn duerno an deem Agang niewendrun erëmfannen.

Merci fir Är Äntwert.

**M. Fernand Etgen, Président** | D'Wuert geet zréck un den Här Policeminister.

**M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure** | A majo, ech mengen, ech hunn dat schonn a menger Ausféierung gemaach, dass et net un der Police, mengen ech, ass, e kranke Mënsch – wann et dat dann och nach wäert sinn – an eng Détention administrative ze maachen. Ech mengen, dass ass net d'Aufgab vun der Police. Mir mussen do no anere Léisungen sichen. Awer et kann net sinn, dass mer déi ewechspären an da vun der Police administrative mathuele loosse.

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Et geet awer net hei ëm krank Mënschen. Si si jo net all krank!

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kox. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

## Amendements

Ier mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7909 kommen, stëmme mer fir d'Éischt iwwert den Amendement Nummer 1 vun der CSV-Fraktioun of, deen als Objet huet, am Artikel 1 en Artikel 5ter bäizefügen.

## Vote sur l'amendement 1

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Den Amendement Nummer 1 ass bei 25 Jo-Stëmme géint 35 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Félix Eischen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydia Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Dan Kersch), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo) et M. Carlo Weber ;*



Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Den Artikel 1 vum Projet de loi bleift ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Mir stëmmen elo iwwert den Amendement Nummer 2 vun der CSV-Fraktioun of, deen als Objet huet, den Artikel 2 ofzeänneren.

#### Vote sur l'amendement 2

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer hei de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Den Amendement Nummer 2 ass och bei 25 Jo-Stëmmen géint 35 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Félix Eischen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Max Hahn), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Dan Biancalana), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Den Artikel 2 vum Projet de loi bleift ënnert där Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamten Text vum Projet de loi 7909. Den Text steet am Document parlementaire 7909<sup>7</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7909 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7909 ass bei 33 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen a 25 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par Mme Tess Burton), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan

Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Dan Biancalana) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Félix Eischen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 13. Ordre du jour (suite)

Op Ufro vun der Regierung gëtt proposéiert, d'Sitzung vu muer de Mëtten um 14.30 amplaz 14.00 Auer unze-fänken. Ass d'Chamber mat dëser Propos averstanen? Den Här Clement freet d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, Här President, merci fir d'Wuert. Ech muss soen, ech sinn driwwer informéiert ginn, wat d'Beweegrënn dohannert sinn: Et gi 70 Joer gefeiert vun där éischter Sëtzung vun der CECA hei zu Lëtzebuerg. Dat ass sécherlech e wichtegen Dag an do kommen och héich Gäschter op Lëtzebuerg. Nichtsdestotrotz fannen ech et awer e bësse speziell, datt mer en Donneschen den Conférence des Présidents haten, wou awer en Evenement, wat viru 70 Joer stattfonnt huet a wat da muer celebréiert soll ginn, jo sécherlech scho bekannt war. Virun allem, wann ech d'Gäschtelëscht vun deem Evenement kucken, sinn et sécherlech Leit, déi hir Pläng net eréischt haut oder gëschter gemaach hunn, soudatt ech et awer e staarken Non-respect vun der Chamber fannen, wat d'Regierung hei opféiert, fir haut eréischt ze froen, fir muer d'Sëtzung ëm eng hallef Stonn ze verréckelen.

Mir haten haut aus engem erkläerte Grond e bësse Wurrel am Programm, mee fir haut ze froen, fir d'Sëtzung muer ëm eng hallef Stonn ze verréckelen, just weinst engem Evenement, wat 70 Joer an der Maach war, fannen ech dann awer speziell an ech muss soen, datt mir eisen Assentiment dofir net kënnen ginn. Eng ganz konstruktiv Propos wär zum Beispill, datt mer d'Verfassung no vir géifen zéien, als éischte Punkt vum Ordre du jour, an datt mer da weiderhi kéinten um 14.00 Auer ufänken, fir dann uschléissend d'Deklaratioun vun der Regierung ze héieren.

Ech weess, datt dat keng Majoritéit wäert fannen, mee dat ass awer weinstens eng konstruktiv Proposition vun eiser Säit.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Ech wëll just betounen, datt eebe gëschter d'Regierung nach net wousst, datt déi Reunioun vu muer géif ëm eng hallef Stonn no hanner verréckelt ginn. Jo.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat ass falsch.

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Roth huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, Här President. Wa mir froen, fir d'Sitzungen ze verréckelen, da sidd Der ëmmer dergéint, mat zynische Remarken, ...

**Une voix** | Jo.

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... wéi dat an der leschter Conférence des Présidents war. An ech kann där Proposition, déi den Här Clement mécht, am Numm vun eiser Fraktioun nëmmen zoustëmmen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Très bien!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Madamm Myriam Cecchetti freet och nach d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech soen och mengen zwee Viriedner Merci dofir, well ech stëmmen deem och zou. Da muss een en anere Punkt no vir huelen, dann huele mer den Debat hannendrun a mir fänken um 14.00 Auer un. Dat wier awer wierklech elo eng fair Léisung.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Hei gëtt just gefrot, fir eng hallef Stonn de Programm vu muer no hanner ze verréckelen.

(Brouhaha)

Den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President. Ech wëll dann de Kolleegen hei op dëser Säit awer soen: An der Vergaangenheet, wa mer eng Verfassungsrevisioun haten, da war dat e feierlechen Event. Bei deenen dräi éischten Deeler, do hu mer heiansdo just dat gemaach an engem Nomëtteg.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An elo si mer amgaang ze iwwerleeën, éischstens: Kënnt da fir d'éischt emol de Premier a mécht eng Deklaratioun iwwer eng Impflicht, déi net kënnt?

(Interruption)

Elo hu mer dann och nach déi Tatsaach, datt mer driwwer diskutéieren an hei feilschen: Wéini maache mer dann d'Verfassungsrevisioun?

Also, ech fanne schonn, datt dat Behuele vun der Regierungskoalitioun weist, datt eigentlech déi Verfassungsrevisioun an hiren Aen iwwerhaupt kee Stel-lewäert méi huet wéi fréier, well soss géife se soen: „Ma da fänke mer domadder un an da schwätzt de Premier!“ Ech mengen, dat ass dat, wat normal wär, wann een dat kuckt, wat se an der Vergaangenheet gesot hunn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Ech wëll just soen, datt op Wonsch vun der Opposition d'Deklaratioun vum Premierminister vun dem leschte Freideg verréckelt ginn ass.

(Brouhaha)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Vun enger Partei vun der Opposition, Här President!

**Une voix** | Vun der gesamter Chamber!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | D'Majoritéit war averstanen!

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech froen dann elo d'Chamber: Ass d'Chamber mat dëser Proposition averstanen?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Nee, Här President.

**Plusieurs voix** | Nee.

**M. Fernand Etgen**, Président | Da maache mer e Vott doriwwer.

*(Brouhaha)*

**M. Gilles Roth** (CSV) | Här President!

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Roth nach eng Kéier.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Also, Här President, mir sinn d'Chamber vu Lëtzebuerg. An do si Leit – ech kucken den Här Engelen –, déi fueren den Owend nach ouni Chauffer eng Stonn, bis se doheem sinn.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Méi wéi eng Stonn!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Muer de Moie mussen déi um 8.00 Auer erëm hei untrieden. Ech géif Iech bidden, e bësse Respekt och vis-à-vis vun de Parlamentarier ze hunn. An Dir sidd net nëmmen de Sproochrouer vun der Regierung hei!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | A mir hunn elo nach eng Conférence des Présidents an e Bureau hannendrun. An ech fueren och eng Stonn mam éffentlechen Transport heem. Et ass einfach kee Respekt, dat do!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Et ass vläicht nëmmen en Detail, Här President. Mee ech wëll awer d'Kollege vun där anerer Säit drun erënneren, dass eigentlech déi Deklaratioun hätt sollen de leschte Freide sinn an dass op Wonsch ...

*(Brouhaha et interruption)*

... nee, dass op Wonsch vun der CSV se op dës Woch verréckelt ginn ass. Ech wollt dat just soen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Dann huet d'Madamm Lydie Polfer d'Wuert gefrot.

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Sou, ech mengen, et gëtt elo hei ganz vill polemiséiert an et ass net vill driwwer geschwat ginn, firwat dat do ass. Ob dat elo gëschter effekt war, dat kann ech verstoen, effektiv, dat hätt ee warscheinlech och kënne virun enger Woch ... Bon, ech kann net ...

Ech wëll just soen, dass dat, wat muer hei an der Stad geschitt, awer wierklech ganz wichteg ass! Ech ka mech net erënneren, dass d'ganz Kommissioun jee hei war, d'ganz Kommissioun, déi hei op Lëtzebuerg kënnt, fir de 70. Anniversaire vun där éischter Sitzung vun der Haute Autorité vun der CECA ze feieren, ...

*(Brouhaha)*

Hei, ech wier just frou, wann Der géift nolauscheren! ... déi hei op déi Plaz kënnt, wou dat viru 70 Joer eebe stattfonnt huet, fir dat ze feieren; wou déi 27 Kommissären heihinnerkommen, an dat op Invitatioun vun der Regierung!

Ech fannen et dee Moment awer effektiv de Minimum, dass de Premier an eng Rei Membere sécher vun der Regierung, wat ech elo net weess, mee de Premier op alle Fall, an den Ausseminister doudsécher och, dass déi effektiv dat iergendwéi honoreieren. A wann dofir, fir eng hallef Stonn, hei esou einfach polemiséiert gëtt, ech muss soen, dat ass awer wierklech weening Respekt vis-à-vis vun deem Schrëtt, deem d'Kommissioun hei mécht, déi

heihinner kënnt, fir hei zu Lëtzebuerg ze éieren, dass en fait alles hei an dem Gemengenhaas vun der Stad Lëtzebuerg viru 70 Joer ugefaangen huet. Dofir hunn ech weening Verständnis!

**M. Max Hahn** (DP) | Ganz richtig.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Polfer. Dann huet den Här Clement nach eng Kéier d'Wuert gefrot an duerno den Här Wiseler.

*(Brouhaha et interruptions)*

**Une voix** | ... elo si mer gläich eng hallef Stonn amgaangen ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo. Also mir kënne eis elo esou vill opreegen, wéi mer wëllen, dat bréngt eis net weider. Ech mengen, mir hunn hei op eiser Säit ganz kloer eng Bereetschaft gewisen, fir den Ordre du jour esou ze änneren, dass en d'Regierung accomodéiert, dass d'Regierung kann op deem wichtige Evenement derbäi sinn. An esouwäit ech weess, ass d'Chamber net op deem Evenement invitéiert, deementspreechend kann d'Chamber muer hir Aarbecht normal maachen zu deenen Auerzäiten, déi d'Conférence des Présidents en Donneschden arrétéiert huet.

Dann änneren mer den Ordre du jour. Mir hunn haut zweemol den Ordre du jour geännert. Da kënne mer och muer den Ordre du jour änneren, ouni dass mer mussen nach eng Kéier eis Horairen duercherneepuchen. Well jo: Eng hallef Stonn méi spéit ufänke mëttes heescht, dass mer eng hallef Stonn méi laang siegieren owes, heescht, dass mer den Dag drop och erëm um 8.00 Auer mussen hei sinn. An et gëtt nun emol Deputéierter, déi ouni Chauffer musse bis an den héijen Norden, ...

*(Brouhaha)*

... an den déiwe Süden, an den déiwen Osten oder an den déiwe Weste fueren. Et wunnt net jiddwereen an der Stad.

An ech mengen, dass et eng ganz rasonabel Approche wär ze soen: Da passe mer eisen Ordre du jour un. Mir hu jo duerno eng Conférence des Présidents. Wann déi dann den Aval muss ginn, da ka se dat maachen. Mee op alle Fall, einfach esou eng hallef Stonn méi spéit unzefänken, just well et der Regierung muer passt, dat kënne mir net matdroen!

**M. Fernand Etgen**, Président | Da ginn ech nach dem Här Claude Wiseler d'Wuert an da schlësse mer dee Punkt of.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Merci, Här President. Ech wollt am Fong ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Här President!

**M. Fernand Etgen**, Président | Jo, Här Mars Di Bartolomeo?

*(Brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Här President, hie wäert mer mat Freed de Virrang loossen. Ech hunn eng gutt Nouvelle: Déi Propos, fir d'Verfassung virzeéien, déi gëtt duerchaus méiglech. De Premier kënnt dann esou séier bei eis an d'Chamber, wéi déi wichteg Receptioun eriwuer ass. Domat brauche mer net méi ze streiden.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | An ech soen dem Premier Merci fir dat Entgéintkommen. A mir maachen dat, wann de President an d'Conférence des Présidents dat wëllen, da fänke mer mat der Verfassung un.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt! Merci.

**Vote sur la modification de l'ordre du jour**

**M. Fernand Etgen**, Président | Ass d'Chamber mat där modifizierter Propos, wéi den Här Mars Di Bartolomeo et elo virgeschloen huet, averstanen?

Wien derfir ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien enthält sech?

Wien ass dergéint?

Dann ass et esou decidéiert.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Wéi gutt, dass d'Bréifdauwen nach fléien.

## 14. 8006 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement des travaux de construction du nouveau bâtiment du Centre hospitalier de Luxembourg

**M. Fernand Etgen**, Président | De leschte Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 8006 iwwer d'Finanzéierung vum neien CHL-Gebai. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun deemem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

**Rapport de la Commission de la Santé et des Sports**

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kollegen, beim Projet de loi 8006 handelt et sech ëm e weidere wichtige Projet, deem derzou bäidroen wäert, eise Spidolssecteur op de leschte Stand vun dem medezinnesche Fortschritt an dem Confort fir de Patient ze bréngen.

Deen heite Projet ass e ganz deiere Projet, gi mer der Regierung dach, wa mer derfir stëmmen, den Accord, fir iwwer eng hallef Milliard Euro, genau ..., kommt, mer soen, 555 Milliounen Euro, all Taxen abegraff, zu dem CHL-Neibau bäizetroen. Dëst Gebai wäert um Site vun der fréierer Maternité entstoen. De Kredit stellt de staatlechen Deel vum Invest duer. Mee dorop kommen ech nach kuerz zréck.

Mam Projet wäerten d'Servicer vum Centre hospitalier regroupéiert ginn, déi haut am aktuelle Spidolsgebai vum CHL ugebuede ginn, souwéi déi medezinnesch Dëngschter, déi an der Eecher Klinik ugesidelt sinn. Och eisen Häerzzentrum, den INCCI, wäert an deem neie Gebai ënnerbruecht ginn.

Folgend Zuelen dierften d'Envergure vum Projet ënnersträichen: Dat neit Spidolsgebai wäert 12 Etagen zielen, dovun 3 ënnerierdesch. D'Spidol wäert, wéi bis elo, 474 Better hunn, dovun 20 fir den INCCI. D'Zuel vun den Zëmmeren wäert bei 378 leien, dovun zwee Drëttel Eenzelzëmmer. 78 Plaze sinn am Hôpital de jour virgesinn. De Projet begräift 18 OP-Bléck. An den Urgencé wäerte bis zu 315 Patienten den Dag kënnen empfaange ginn. An am Parking sinn iwwer 400 Parkplaze virgesinn.

An der Kommissioun hu mer d'Diskussioun gefouert, ob dësse Projet, wéi mer en elo finanzéieren, net kéint a Kollisioun mam Virage ambulatoire kommen. No den Erklärungen vun der Regierung kann ee soen, dass dat net de Fall ass. Mir brauchen déi Strukturen op jidde Fall, déi mer am Moment hunn, dat ëmsou méi, well d'Populatioun weider wiisst. Allerdéngs kënne mer op där anerer Säit eng Entwécklung beobachten, dass d'Durée moyenne de séjour ëmmer méi erofgeet an dass den Ambulatoire an de Spideeler an ausserhalb vun de Spideeler zouhëlt.

D'Gebai wäert via Passerell u bestoend Annexe vum aktuelle Spidol ugeboune ginn. Dës Annexe ginn dann och entsprechend ëmorganiséiert. Do kommen zum Deel administrativ Dëngschter, Gardenzëmmer



fir d'Dokteren, awer och Formationsräim an de Laboratoire dran.

Da sinn och Embauearbechten am Gebai virgesinn, dat haut vum CHL un den LTPS, also de Lycée technique pour professions de santé, verlount ass. Wann den LTPS bis herausgeplënnert ass, kommen do weider administrativ Servicer vum CHL dran.

Dat aktuell Spidolsgebai wäert nom Bau vum neie Gebai net méi benotzt ginn. Wat domadder geschitt, ass am Moment nach net kloer. Dat selwecht gëllt fir déi Echer Klinik, wou och nach net feststeet, wéi dat Gebai soll an Zukunft genotzt ginn.

Fest steet dogéint, datt dat neit CHL-Gebai d'Häerzstéck vum Spidolskomplex op der Areler Strooss wäert sinn. Nieft dem neie Gebai mat den zwou Annexen, wéi ech se elo grad beschriwwen hunn, sti jo do och nach d'Kannerklinik an déi nei Maternité.

Leeft alles no Plang, sollen d'Arbechten Enn 2022 ufänken. Esou ass et eis jiddefalls an der Santéskommission gesot gi vun de Responsabele vum Projet. D'Zil ass et, den Neibau Enn 2028 opzemaachen.

Nun zum Käschtpunkt. Wéi gesot, mat dësem Gesetz kritt d'Regierung d'Erlabnis, fir 556 Milliounen Euro an dat neit CHL-Gebai ze investéieren. Dat läit jo wäit iwwer där 40-Milliounen-Grenz, wou ee kee Gesetz muss maachen. Also, an deem heite Fall musse mer jiddefalls e Gesetz maachen. D'Spidolsgesetz vun 2018 erlaabt et dem Staat, 80 % vum Käschtpunkt ze iwwerhuelen, soudatt 20 % vun der CNS iwwerholl ginn, fir op en Total vu 694 Milliounen Euro ze kommen.

Mee och dee Montant entsprécht nach net dem gesamte Käschtpunkt vum Projet. Verschidden Dealer ginn nämlech weeder iwwer de Spidolsfong nach iwwer d'CNS bezuelt. Dat gëllt zum Beispill fir de Parking, d'Geschäfte, d'Cafeteria oder nach Raimlechteken, déi d'Doktere fir Consultatiounen notzen. Dësen Deel gëtt vum CHL iwwer eege Mëttele finanziert beziéungsweis duerch Recetten aus deene Strukturen, soudatt de gesamte Montant vum Invest bei 821 Milliounen Euro wäert leien.

Zu den Arbechten an der Santéskommission: De Bauprojet ass der Kommission den 3. Mee 2022 presentéiert ginn. Kuerz drop, den 13. Mee, ass de Projet deponéiert ginn. De Staatsrot huet säin Avis den 28. Juni ginn an de Rapport ass bei enger Enthaltung de 7. Juli ugeholl ginn.

D'Chamberskommission, op Initiativ vum Kolleg Claude Wiseler, hat gefrot, fir Detailler iwwer déi lafend an déi fällig Investitioun, wat de Spidolsfong ugeet, ze kréien. Déi krute mer. Deen Tablo weist, dass ganz zolidd Investitiounen an deenen nächste Joren op eis zoukommen, eng Gesamtvergure vu geplangten, zum Deel sech am Bau an a Planung befinnende Projeten, déi no bei der Zwou-Milliarden-Grenz läit. An do, mengen ech, ass et wichteg, drop opmierksam ze maachen, dass mer drun denke mussen, fir dee Spidolsfong esou anstänneg wéi nëmme méiglech ze speisen, fir dass mer alleguer déi dote Projekte kënne stemmen.

A sengem Avis huet de Staatsrot d'Fro opgeworf, wéi eng Bestëmmung d'Gebäilechteke vum LTPS geifen an Zukunft kréien. Solt dat Gebai nämlech net fir d'Spidol renovéiert ginn, da kéint dat net mat Mëttelen aus dem Fong finanziert ginn. Wéi awer virduu schonns erkläert, konnte mer deenen doten Awänn vum Conseil d'État begéien doduerch, dass feststeet, dass et e Gebai ass vum CHL. Also, an deem Gebai vum CHL ginn Adaptatiounen gemaach, an déi falen dann ënnert de Fong.

Am schréffleche Rapport ass och e Resümee vum deene verschiddenen Avisen ze fannen. Deemno steet dësem Projet nom Vott vun haut näischt méi am Wee, an dat am Interêt vun där beschméiglecher Prise en charge vum Patient an den Aarbechtskonditiounen vum deene Leit, déi am CHL schaffen.

Dat gesot, soen ech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Rapport Mars Di Bartolomeo.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler ageschriwwen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Villmools merci, Här Président. Ech soen och dem Mars Di Bartolomeo Merci fir seng Rapporten, déi e gemaach huet.

De CHL kritt en neit Gebai an d'Experten hu jugéiert, datt dat elo noutwendeg ass. Wann en neit Gebai kënnt, da gëtt gekuckt, wéi hei och proposéiert, dat Gebai deem entsprechen ze loossen, wat haut standesgeméis ass, wat haut enger moderner Medezinn entsprécht, an zwar: eng Konzentratioun vun all deene wichtegen Deeler op enger Plaz, soudatt d'Korrespondenzen dotéschent sënnvoll a richtig sinn, d'Kreatioun vun Unité-fonctionnellen, déi och weesentlech sinn an der haiteger Medezinn, och déi kuerz Weeër, esou wéi d'Gebai architektonesch concevéiert ass, respektiv d'Prise en charge globale, déi ka gemaach ginn, Heliporten, déi fir eng modern Medezinn och direkt verbonnen si mat deene Servicer, déi a sech Urgenz kënne maachen, flexibel Konstruktionskonzepter, déi et och erméiglechen, an nächste Zukunft Extensiounen ze maachen, an dann och eng durabel Aart a Weis fir ze bauen, an energiespue-rend a weineg CO<sub>2</sub> ausstoussend Anlage bannendran.

Alles dat ass sënnvoll an dat sinn och déi positiv Säite vun deem Gebai, déi eis erlaabt ginn, well et och e ganz neit Gebai ass, also kee Reamenagement muss gemaach ginn, a well schlussendlech awer 820 Milliounen hei zur Verfügung gestallt sinn. An 820 Milliounen, dat muss ech soen, dat ass awer en décke Batz! Dat sinn aacht Lycéeën, déi mer hei gebrauchen, fir ee Spidol ze bauen. Dat si vill Suen, dovunner sinn der 556, indexéiert, déi mer hei iwwer de Staat zur Verfügung stellen.

Dat gesot, géif ech awer gär e puer Remarque maache ronderëm dëse Projet. De Mars Di Bartolomeo huet et gesot, mir hunn effektiv vun der Santé de Fonds pluriannuel kritt. A wann ee kuckt an deem Fonds pluriannuel, da gesäit een, datt 1,5 Milliarden bis 2 Milliarden Depensen an deenen nächste Joer dra sinn un Investissementer an nei Gebaier. Dat ass enorm! Dat ass also net nëmme de CHL mat senge 556 Milliounen, et ass och d'Spidol, wat haut mat 450 Milliounen drasteet. Ech weess net, wat da schlussendlech de Präis vum Spidol wäert sinn. Et ass den HRS, deen en neien Tuerm kritt. Et steet och d'Rehaklinik hei nach dran, also wierklech ganz zolidd Depensen, déi an deenen nächste sechs, siwen, aacht, néng Joer gemaach ginn.

Haut gëtt de Fonds hospitalier 37 Milliounen d'Joer aus. Dat ass op jidde Fall d'Indikatioun, déi mer fir 2021 kruten, 37 Milliounen d'Joer. Dee Volume wäert awer staark an d'Luucht goen, wann ech all déi Depense kucken, déi fir déi nächst sechs, siwe Joer geplangt ginn, quasiment 2 Milliarden, déi do geplangt ginn. Wa mer haut nëmme 37 Milliounen d'Joer ausginn, da wësse mer, datt mer dee Volume, dee järeleche Volume, mussen an deenen nächste Jore massiv an d'Luucht setzen, fir datt mer et fäerdegbréngen, och déi ganz Investissementer do ze maachen.

An doropshin hunn ech zwou Froen oder zwou Saachen, déi ech wollt soen.

Éischtens, de Programme pluriannuel vum Staat, do ass meng Fro: Wéi passt déi Vervierfachung oder Verféneffachung vun den Investissementer, déi elo aus dem Fonds hospitalier an deenen nächste Jore wäerte kommen, an de ganze Programme pluriannuel vum Staat? Packe mer dat an där Rapiditéit, wéi et elo hei annoncéiert gëtt? An ech wär frou, wa mer eng Kéier kéinten an der Finanzkommission mat deenen heite Päck nu wierklech déi Investissementer vum Staat, net nëmme an deenen nächsten dräi, véier Joer, wat de Pluriannuel normalerweis ass, mee och iwwer déi Joren eraus kucken. Well déi Engagementer, déi mer haut maachen, dat si jo net nëmme Engagementer, déi elo an deenen nächsten dräi, véier Joer gemaach ginn, mee déi Konstruktiv vum dësem Spidol wäert eis nach eng ganz Rei Joren hannendru beschäftegen, soudatt et weesentlech ass, datt een och mat deene schonn decidéierten Investissementer kann en Ausbléck maachen iwwer dat, wat an deene Joren duerno geschitt, fir sécher ze sinn, datt een alles am Grëff behält.

Dat Zweet, wat ech wollt soen, dat ass, datt mer virun enger Rei Joren e Rapport vun der Cour des comptes haten iwwer d'Gestion financière bei de Baute vum Santéministère. An dee Rapport, esou wéi e sengerzäit ausgesinn huet, dat war am Fong eng Katastroph, wat d'Gestioun vun den éffentleche Suen ugeet. Elo gesi mer, datt hei de Volume vun den éffentleche Sue massiv an d'Luucht gesat gëtt an deenen nächste Joren an datt e vum Ministère opgestockt gëtt.

An ech froen am Fong, Madamm Ministesch: Fir esou eng Gestioun ze maachen, wéi Dir dat an deenen nächste Joren an Ärem Ministère musst maache fir déi Investissementer, déi op eis zoukommen, do wär et natierlech weesentlech, wa mer déi Gestionsstruktur vum Ministère respektiv ronderëm de Ministère och esou opgestockt hätten, datt Dir kënnt garantéieren, datt déi Suen och op déi Aart a Weis ausgi ginn, datt se korrekt ausgi ginn, datt Der och de Contrôle kënnt maachen an datt mer net a fénnef, sechs Joer erëm esou e Rapport vun der Cour des comptes kréien, wat d'Gestioun vun deem Fong ugeet. Dofir mengen ech, datt mer och déi Diskussioun eng Kéier missten an der Chamber féieren.

Meng zweet Saach, dat ass, datt ech malgré den Erklärungen vun der Regierung nach net iwwerzeegt sinn, datt mer hei eng Korrespondenz zwëschen deem hunn, wat d'Spidol bitt, an deem, wat déi modern Medezinn am Ambulatoire soll maachen. Well ech denken awer, datt do nach eng Diskussioun noutwendeg ass, fir déi Repartitioun tëschent engersäits dem Ambulatoire an anersäits dem Hospitalier ze maachen.

Meng drëtt Remark, dat ass déi, datt een hei effektiv kéint profitéieren, vu datt den INCCI nach hei integréiert gëtt an den CHL, fir eng Reflexioun iwwer d'Governance vun dem INCCI respektiv vun den allgemenge Service-nationalen ze féiere fir sécherstellen, datt och jiddwer Spidol muss kënne profitéieren a muss kënne participéieren un der Gestioun vun deene Services nationaux.

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

Jo, mee dat ..., nee, ech hu jo och net de Contraire gesot. Ech hu gesot, ech wär net onfrou, wa mer kéinten am Generellen, net nëmme beim INCCI, déi do Diskussioun matenee féieren.

A meng lescht Remark, dat ass déi vun de 400 Parkplazen, wou ech soen: Dat kléngt zwar elo no vill, mee wann ech kucken, bei ronn 450 bis 500 Better a bei iwwer 2.300 Leit, déi do schaffen, an haapt-sächlech och Infirmierspersonal respektiv Personnel médical, déi jo 24 Stonnen op 24 schaffen, wou den

öffentlichen Transport net immer fiert an déi net immer, aus ville Grënn, sech kënnen op dee verlossen, a wann ech dann och gesinn, wéi et haut funktioniert respektiv wéi d'Visiteure ronderëm de CHL esou, wéi et haut ass, heiansdo Problemer hunn an net immer kënnen den öffentlichen Transport benutzen, da froen ech mech, ob déi Konzeption do duerguet, fir just 400 Plaze bei esou en enormt Gebai ze setzen, an ob der Iech do net selwer Gestionsproblemer siche gitt.

Dat gesot, ginn ech awer den Accord vun der CSV-Fraktioun fir dësse Projet. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Wiseler. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här Präsident. Kolleginnen a Kollegen, virop dem Rapport villmools merci fir säi mënlechen, awer och säi schriftleche Rapport. Während der Pandemie hu mir festgestallt, datt eis Spideeler et net immer erlaben, d'Fluxe vun de Patiente vuneneen ze trennen. Dat wier wichteg gewiescht, fir d'Covidpatiente vun dem Rescht vun de Patienten, déi fir aner Behandlungen am Spidol hu misse sinn, ze trennen. Et ass duerch dës Situatioun derzou komm, dass verschidde Rendez-vous vu Patienten an eise Spideeler hu misse vertaagt ginn. Dat sollt an Zukunft verhënnert ginn a muss och eng vun de Léiere sinn, déi mir aus der Coronakris zéien. D'Trennung vun de Fluxen gehéiert onbedéngt zu den Haaptuufuerderungen un en zäitgeméisst Spidol.

De Finanzement vun engem neie Spidolskomplex fir de CHL gëtt eis d'Méiglechkeet, e Spidol ze bauen, dat de moderne medezinneschen an hygieeneschen Ufuerderunge gerecht gëtt. Dozou gehéiert notament e logesche Parcours, deen de Besoin vun de Patienten entsprécht. Dës muss fleissend sinn, mat méiglechst kuerzen Distanzen, an och e gewësst Mooss un Intimitéit soll am Mëttelpunkt stoen. Ech schwätzen d'Intimitéit un, well nach Patientenzëmmeren am aktuelle Gebai vum CHL iwwer keng eegen Toilette verfügen, mee d'Patiente sech hir Toilette misse mat aneren deelen. Dat entsprécht net méi den hygieenesche Standarde vun haut a gëtt mat dem neie Projet aus der Welt geschaaft.

Do dernieft wäert dës Gebai d'Krittäre vun der Nachhaltigkeit respektéieren an am Sënn vun der Digitaliséierung modern Technologien an den Dëngsch vum Patient a vum Personal stellen. Dat ass duerch aus ze begrëssen.

Alles an allem, et ass scho gesot ginn, soll dat neit Spidol 820 Milliounen kaschten. 75 Milliounen ginn eleng fir d'Équipement an d'Apparate bereetgestallt.

Obwuel mir als DP-Fraktioun engersäits en neit, modern Spidol begrëssen, muss ee sech anerersäits awer och d'Fro stellen, wéi sech dës neie Spidolskomplex an d'Konzept vum Virage ambulatoire, deen d'Regierung jo och virundreiwe wëllt, afüge wäert, eng Fro, déi de Collège médical, wéi de Rapporteur et gesot hat, a sengem Avis zum Projet de loi opgeworfen huet an déi ech och an der Kommissioun gestallt hat. Schliesslech ass d'Iddi vum Virage ambulatoire déi, fir eng Rei vu medezinnesche Behandlungen an Ennersichungen ausserhalb vum Spidol a méi klengen, dezentrale Strukturen ubidden ze kënnen, dës, fir dem Patient eng besser Disponibilitéit an Accessibilitéit ze garantéieren an d'Spideeler ze entlaaschten, déi sech dann notament op hir Käraufgaben an op méi komplizéiert chirurgesch Agrëffer fokusséieren kéinten.

Wa mer niewent dem Secteur hospitalier och de Secteur extrahospitalier fërdere wëllen, da muss mer natierlech och iwwert de Finanzement vun dësen zwee complementäre Secteuren schwätzen. An do stelle sech fir d'Zukunft nach eng ganz Rei Froen: Kënn et duerch de Virage ambulatoire zu enger Verdeelung vum Budget, deen de Moment nach an d'Spideeler gestach gëtt? Missten net och d'Käschte vun de Spideeler erfroen, wa mer Behandlungen an Ennersichungen ausserhalb vum Spidol a manner käschtenintensive Strukturen ubidden? Oder kënn et duerch de Virage ambulatoire zu zousätzleche Käschten? A wa jo, wien dréit dann dës zousätzlech Käschten?

All dës Froen stelle sech am Kader vum Virage ambulatoire a mussen an eisen Aen nieft der Diskussioun ëm de Fonds hospitalier, deen elo schonn ugeschwat ginn ass, och diskutéiert ginn.

Här Präsident, en effikasse Gesondheetssystem brauch niewent kompetentem Personal natierlech och modern Infrastrukturen. Mam Finanzement vun engem neie Gebai fir de CHL leeë mir genee dofir e wichtige Grondsteen, fir de Patienten déi beschméiglech Versuergung an engem Spidol bidden ze kënnen.

D'Demokratesch Partei hofft awer, datt nieft de grouse Spidolsinfrastrukturprojeten den Ausbau vum Extrahospitalier net vernoléisst gëtt. An Zukunft muss mir nämlech och op méi kleng Strukturen setzen, déi d'Soins primaires méi accessibel an disponibel maachen, dat fir jiddereen an iwwerall am Land.

Ech ginn den Accord vun der Demokratescher Partei an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hartmann. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci ...

(Brouhaha et hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Hei ginn d'Nimm gewieselt.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Merci, Här Präsident. De Rapporteur, deem ech hei och wëll Merci soe fir säin exzellente Rapport, ass jo schonn op sämtlech technesch Detailler vum neien CHL-Gebai agaangen. Duerfir wëll ech mech méi op de generelle Kader – op d'Philosophie am Fong – konzentréieren, an deem dësse Projet ze gesinn ass.

Et ass wichteg ze verstoen, datt et hei ëm eng Moderniséierung geet, déi vun dem CHL, deen, wann dat neit Gebai bis fäerdeg ass, jo scho säi 50. Anniversaire wäert hanneru sech hunn. D'Moderniséierung imposéiert sech deemno absolutt. Et ass awer keng Extensioun, an et ass wichteg, deen Ennerscheid ze maachen.

Well firwat gëtt de CHL net gläichzäitig vergréissert? Dat kéint ee sech jo vläicht froen, schliesslech wiest eis Populatioun permanent. Eng kloer Äntwert op dës Fro gëtt déi nei Carte sanitaire, déi d'Gesondheitsministesch d'lescht Woch presentéiert huet. Dat Dokument weist interessant Fakten:

Éischtens, den Taux d'occupation vun den Akutbetten an de Spideeler louch am Joer 2019 bei 78 %. Mir sinn also wäit ewech vun engem kriteschen Taux. Mir hunn eng gutt Marge. An déi Marge ass och eng vun den Ursaachen, aus deene mer esou gutt duerch d'Pandemie komm sinn.

Zweetens, d'Zuel vun de medezinneschen Akte geet permanent an d'Luucht, parallel zu der Croissance vun der Populatioun.

Drittens, tëscht de Joren 2010 an 2019 ass d'Zuel vun den Hospitalisatiounen an der Dagesklinik ëm 6,7 % an d'Luucht gaangen, woubäi d'Zuel vun de Sejoursen an der Hospitalisatioun awer stabil blouf, trotz dem Bevëlkerungswuesstum. En plus maachen am Joer 2019 d'Openthalter an der Dagesklinik 45 % vun allen Hospitalisatiounen aus.

Viertens, och an der Chirurgie ass den Ambulatoire amgang staark ze klammen an en ass mëttlerweil op engem Taux vu bal 70 %.

Fazit: De sougenannte Virage ambulatoire ass längst Realitéit, d'Kéier ass geholl. An déi Zuele soen eis kloer, datt eis Politik net kann doranner bestoen, fir just nei Better opzustellen, mee datt mer dee Virage ambulatoire weiderhi misse begleeten. Mir brauchen ugepasst State-of-the-Art-Raimlechkeeten, déi dës Entwécklung fërdere an hir net am Wee stinn. Mir müssen also moderniséieren, amplat ze expandéieren. A genee dat geschitt jo mam Projet vum neien CHL-Gebai.

An natierlech wäert de Virage ambulatoire sech och baussent de Spideeler entwéckelen, favoriséiert duerch déi zwee Projete de loi, déi d'Gesondheitsministesch am Mee deposéiert huet. Deen ee Projet mécht et méiglech, datt a Strukturen baussent de Spidolsgebaier gréisser Apparater wéi zum Beispill IRMen hikommen, verdeelt op bis zu zéng nei Sitten uechtert d'Land, ënnert der Bedingung natierlech, datt e Lien tëscht där Struktur an engem Spidol besteet. Dat ass fir eis vu kruzialer Bedeutung, well dat reegelt zum Beispill d'Garden duerch d'Dokteren, d'Organisatioun vun den Urgenceservicer oder och nach de Suivi thérapeutique vum Patient. Deen zweete Projet de loi mécht et méiglech, datt Dokteren an aner medezinnesch Berufuer sech an neie Gesellschaftsformen zesummeschlëssen, fir gemeinsam Praxissen opzemaachen.

Déi zwee Texter gehéieren zesummen, soudatt sech an Zukunft ënnerschiddlech Spezialisten op enger Plaz kënnen zesummendinn an op där selwechter Plaz da schwéier Apparater wéi eeben IRMen an anerer an den Asaz kommen, wa fir deen Deel vun där Praxis eng Zesummenaarbecht mat engem Spidol besteet.

Fir d'Spideeler bedeit dat, datt se an Zukunft natierlech hir Roll behalen, mee och, datt se sech besonnesch op déi méi schwéier Fäll kënnen konzentréieren, wou eeben eng oder méi Iwwernuechtungen néideg sinn, déi net ambulant kënnen behandelt ginn.

A wa mer e Problem hunn, dann ass et sécher net dee vun der Bettenzuel. Et feelt net u Better, mee et feelt u Personal. An et besteet absolutt keen Zweifel drun, datt do Efforte misse gemaach ginn, a Saachen Ausbildung, dat ass extreem wichteg an do lauschtere mer ganz gutt op den Terrain, mee och a puncto Aarbechtskonditiounen. An ech denken do zum Beispill un d'Remuneratioun vun de Garden, wou ech frou sinn, datt d'Gesondheitsministesch annonciéiert huet, datt et do weidergeet.

Vocatiounen fërdert een awer och mat moderner Infrastruktur. An do sinn ech dann erëm zrëck beim CHL-Gebai.

Här Präsident, wa mer gutt duerch d'Pandemie komm sinn, war dat net just wéinst enger gewëssener Zuel u Better, mee virun allem wéinst dem Asaz vum Personal, dat um Terrain geschafft huet. An duerfir gesinn ech dat neit Spidolsgebai net nëmmen am Interêt vum Patient, mee och vum Personal, dem Personal vun haut a vu muer. All Invest an e gudden a



performante Gesundheitssystem, all Invest a modern Infrastrukturen an a gutt ausgebildete engagiert Personal ass en Invest an d'Gesundheit vun all de Patienten, vun deene mam decken an deene mam méi klengen Portmonni.

Duerfir steet d'LSAP an duerfir ginn ech natierlech och den Accord vu menger Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cloener. An da wier et un der honorabeler Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Ech weess, et ass scho spéit an Dir gitt gären heem. Mee ech mengen, 556 Milliounen Euro si schonn derwärt, dass een de Projet awer kommentiert an e puer Iwwerleeungen dozou ausdréckt.

Dir wësst, de rasante medezinneschen an technesch Fortschritt setzt natierlech viraus, dass d'Spidolsinfrastrukturen a gewëssenen Ofstänn modernisiert oder eebe carrement nei gebaut ginn, wa Lëtzebuerg den Uschloss un déi international Qualitëitsnormen net wëllt verpassen. An ech mengen, dass ass d'Zil vun eis alleguer. Dobäi muss ee jo wëssen, dass de Liewenszyklus vun engem Spidol net méi esou laang ass wéi fréier, eebe grad wéinst dem Fortschritt. E bedréit haut nach just an der Moyenne 20 bis 30 Joer, wat d'Erausforderungen natierlech erhéicht.

Ëm d'Steigerung vun der Qualitëit geet et dann och haut bei dësem Projet, beim Neibau vum Zentralgebai CHL, deen et soll erlaben – de Mars Di Bartolomeo huet d'Detailer erkläert an duerfir och e grouse Merci –, kuerz ausgedréckt, sämtlech Gebaier ze regruppéieren, ënnerschiddlech an zum Deel och nei Funktiounen a Servicer ënner engem Daach zesummenzebréngen, eng interdisziplinär Approche ze fërderen a Synergien ze schafen.

Doriwwer eraus soll och d'Capacitëit vun den Urgencë vun 200 op 315 Consultatiounen am Dag erhéicht ginn. Wann ee weess, wéi grouss d'Engpäss a verschiddenen Urgencë mëttlerwäit sinn, da weess een och, dass d'Erhéijung vun dëser Capacitëit ganz sécher net vu Muttwëll ass.

Ech wëllt awer dann och betounen, dass an deem Kontext séchergestallt muss ginn, dass de Flux vun de Patienten a Patientinnen gutt organiséiert gëtt, dass en effikass muss oflafen an dass déi betraffe Persounen esou séier wéi méiglech an de richtige Service orientéiert musse ginn a keng Zäit därfe verléieren.

En anere wichtegen Aspekt ass fir eis dann awer och d'Patientefrëndlechkeet vun der Infrastruktur, déi iwwer vill natierlecht Licht, frëndlech Faarwen an en agreeable Bauseberäich muss verfügen. Am Fachjargon schwätzt een hei vun „healing environment“ oder heeler Architektur, déi entscheidend zum Wuelbefannen an och zum Heelungsprozess vun de Patientinnen a Patienten bäidroen kann. Schuedstofffräi Mauer, Miwwelen an Apparater sinn dobäi en absolute Must.

Net manner wichteg ass, dass d'Medezinner an d'Fleegerpersounen, déi am Spidol schaffen, an dass ass och scho vu Virriedner betount ginn, fir hir liewensrettend Aktivitéit unerkannt ginn a geschätzt ginn. An och do kann d'Architektur munches bewierken.

Wat d'Architektur vun dësem Projet betrëfft, esou entsprécht se all deene Krittik an Ufuerderungen, déi ech elo opgezielt hunn. Et ass en zäitgeméisst a patientefrëndlecht Konzept, wat mer komplett ënnerstëtzen. An als Gréng si mer och iwwerzeegt, dass modern Strukturen wéi dës d'Attraktivitéit vun eisem Spidolwiesen erhéijen a méi héichkaräteg Medezinner op Lëtzebuerg zéien. Et ass jo net, wéi wa mer se net géife brauchen.

Här President, u sech stellt d'Planung vun esou engem Projet den zoustännegen Architektbüro virun eng duebel Erausforderung. Engersäits geet et jo ëm d'Konzeptioun an ëm d'Planung vun de Raimlechkeeten, déi ech elo beschriwwen hunn. Et geet awer och drëms, en zäitgeméisst Offall-, Waasser- an Energiekonzept ze integréieren, wat alle Krittik an der Nohaltegkeet muss entsprechen. Dass et onëmgänglech ass, och an de Spideeler bei der Energieversuergung op Erneuerbarer ze setzen an domat onofhängeg vu fossilen Energien ze ginn, versteet sech vun selwen.

Den zweete Volet, deen den Architektbüro dann awer och betrëfft, ass dee vum Budget. Ganz kloer, et geet drëms, e fiabele Budget opstellen an deen dann och ze respektéieren. Et geet drëms, déi geplangt Zäitschinn beim Bau anzehalen an den Ofloss vun den Aarbechten ze iwwerwaachen, fir Bauféeler ze verhënneren.

Dir Dammen an Dir Hären, no de Problemer, déi am Kader vum Projet vum neie Südspidol opgetaucht sinn, kann ee Lëtzebuerg als „gebrannt Kind“ bezeichnen. Dir wësst, wat ech mengen. Laut der initialer Planung sollt d'Südspidol seng Dieren am Joer 2023 opmaachen, mee leider huet de Verwaltungsrot vum CHEM de Vertrag mam éisträichesche Grupp Health Team Europe mëttlerwäit, an zu Recht, gekënnegt an de Grondstee konnt dowéinst och bis haut nach net geluecht ginn. Dëst, well et un enger Detailplanung geféelt huet, well de Risiko vu Méikäschtchen par rapport zum gestëmmt Finanzéierungsgesetz ëmmer méi grouss ginn ass a well keng Iwwerwachung vun de Bauarbechte virgesi war. D'Resultat ass, dass d'Spidol seng Dieren virauszichtelech net virun 2030/31 kann opmaachen. Dass ass eng Verspéidung vu ganzer siwen, aacht Joer. An duerfir kann een hei vun enger Geschicht vu „Pleiten, Pech und Pannen“ schwätzen, wéi e Journalist sech ausgedréckt huet.

Dëse Projet vum Südspidol muss eis eng Léier sinn an et ass dorop, wou ech eraus sinn. Ech sinn zouversichtlech, a meng Fraktioun och, dass bei dësem Projet en zouverlässeg an e ganz fiabele Partner den Zouschlag kritt huet. Dass ass op alle Fall eis grouss Hoffnung. A mir sinn och iwwerzeegt, dass dorop ganz vill Wäert geluecht ginn ass. Ëmmerhi geet et jo ëm bal 556 Milliounen Euro, déi vum Staat finanzéiert ginn, an zousätzlech och nach 138 Milliounen, déi op d'Spidol selwer wäerten entfalen.

Dësen Invest ass natierlech grouss. En ass awer komplett justifizéiert, well en der öffentlecher Gesondheitsversuergung zegutkënn. An duerfir stëmme mer dëse Projet de loi mat.

Ech wëllt awer ofschléissend dann och nach d'Remark maachen, déi och virdru scho vun Här Wiseler a vun anere gemaach ginn ass. Och eis ass et wichteg, dass de Budget vun de Spideeler eigentlech d'selwecht behandelt gëtt wéi d'Budgeten, déi aus dem Fonds du rail, Fonds des routes an och vu Bâtiments publics investéiert ginn. Dir wësst, dass den zoustännegen Minister zweemol am Joer, et kann ee soen all sechs Méint, an d'Comexu kënn, fir de Suivi vun den Aarbechten ze presentéieren an d'Chamber opzeklären, wou d'Projeten dru sinn, wat geännert huet a wéi et mat der Finanzéierung vun den Deelstappen ausgesäit.

Mir mengen, dass et eng interessant Approche wär, fir och de Spidolsfong an déi do Diskussioun matanzebeziehen, och eng Diskussioun doriwwer an der Chamber ze féieren, well et ass jo net, wéi wann de Anlagesektor eis manner wichteg wär wéi all déi aner Secteuren, déi hei ëfters zur Diskussioun stinn, wat d'Budgeten ubelaangt. Dir sidd oppen dofir, Madamm Minister, dass freet eis ganz besonnesch. A mir

si frou, dass mer dann an Zukunft do wäerten an déi Richtung goen, déi mer scho laang prônéieren als Gréng.

Dat gesot, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a wënschen Iech eng gutt Nuecht.

*(Exclamations et hilarité)*

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir unzefänke wëll ech dem Här Mars Di Bartolomeo en häerzleche Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mündlechen Rapport. Et ass op eng gewësse Manéier scho beandrockend, dass een hei als Volleksvertreter an net méi wéi fënnf Minutte säin Avis zu engem Gesetz ofgëtt, wat d'Land Honnerte Milliounen Euro kascht. Meng Virriedner hunn dat meescht gesot, duerfir wëll ech mech elo méi op en anere Punkt konzentréieren.

Den demografesche Wuesstum vun eisem Land vollzitt sech a Rekordtempo. An dobäi komme mer net derlaanscht, eis liewensnoutwendeg Infrastrukturen ofzedecken, sief dat Schoulen, Stroossen, d'Gesondheitsversuergung, Alters- a Fleegeheimer an nach viles méi. Mir gesinn allerdéngs ëmmer méi, dass mer dësem Rekordwuesstum ëmmer méi nolafen an net méi hannendrukomen, sief dat finanziell, zäitlech oder awer och personell.

Mir schwätzen haut iwwer e Spidol. Et geet dobäi awer net duer, dass mer e fantastescht Gebai dostoen hunn, mir mussen dëst och mat qualifiziertem Fachpersonal besetzen. Dëst an Zukunft ze stäipen, ass eng Entwécklung, déi eis Suerge mécht. Rezent gouf eis virun Ae gefouert, wéi séier et goe kann, dass e Service an engem Spidol carrement seng Dieren muss zumaachen.

Wann een zum Beispill mat de concernéierte Leit schwätzt, ech denken do besonnesch un d'Nordspidol, da weess een, dass si händéierend no Doktere sichen a frou sinn, all Dokter, deen och nëmme hallefweegs eng vun eisen dräi Sproocher kann, anzestellen.

Wou huet Lëtzebuerg schonn net mat Rekrutierungsproblemer ze kämpfen? Bei der Police, an eise Schoulen, am Gesondheitssektor, beim Handwerk, am Staat allgemeng. Mir steieren tatsächlech op eng Entwécklung zou, wou den normale Fonctionnement vum Land net méi ka séchergestallt ginn. Mir lafen dësen Entwécklung wéi an engem Hamsterrad hannerdren.

Selbstverständlech gi mir och eisen Accord zu dësem Gesetzesprojet. Mir komme guer net derlaanscht, mir kënnen net op esou Investitiounen verzichten. Et ass ze hoffen an ze wënschen, dass bei där Héicht, deem Volume vun Euroen, déi mer hei investéieren, net nach eng Käschenexplosioun derbäikënn – well dat wësse mer, souwäit ech weess, all haut net. Ech wëll awer den Däiwel net un d'Wand molen! Ech wëllt, ech hätt Onrecht a mir géife bei deene 556 Milliounen bleiwen. Mee ech fäerte ganz, dass geet eis net an d'Rei.

Ech wëll awer nach eemol hei ausdrécklech betounen, dass dëst Land net derlaanscht kënn, fir sech zäitno eeschtaft – a mat de Fakten, déi elo schonn um Dësch leien – mat der Wuesstumsdebatt auserenzesetzen, enger Debatt, déi scho mäi Kolleg, de Gast Gibéryen, 2015 an de Vierdergrond gestallt hat. Dës Debatt ze ignoréieren wär warscheinlech ee vun de gréisste Versäumnisse, déi mer eisen nofolgende Generatiounen, eise Kanner an eise Kandskanner, këinten undoen.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Engelen. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat heiten ass jo e Projet, wéi et oft ass: Wat de Projet méi déck ass, wat et ëm méi déck Montante geet, wat d'Diskussioun u sech méi kleng ass, well mer eis meeschtens eens sinn. An ech mengen, dat ass och haut net anescht.

Mir sinn eis alleguerten eens, datt mer e Virage ambulatoire brauchen. Mir sinn eis alleguerten eens, datt mer eise Gesondheetssektor musse stärken. Mir sinn eis och, wann ech d'Riede vu menge Virriedner esou héieren hunn, alleguerten eens, datt de CHL an där Form, wéi en am Moment fonctionnéiert – opgedeelt op verschidde Gebaier, déi net propper matenee verbonne sinn, déi och schonn e gewëssenen Alter hunn –, net méi de Wee an d'Zukunft ass.

An ech mengen, duerfir ass et och ganz flott, datt mer hei e Projet hunn, dee modulaire soll gebaut ginn. Ech mengen, am Gesetz nenne se dat e „life cycle hospital“, also e Gebai, wat wuesse kann, wat sech verännere kann, e Spidol, wat sech op wiessele Besoinen adaptéiere kann. An ech mengen, dat ass eppes, wat mer fir d'Zukunft brauchen. Well haut Kafisazieserei ze bedriewen an ze mengen ze wëssen, wat mer an 20 oder an 30 Joer brauchen – an esou e Gebai steet nun emol e puer Joerzénge –, dat géif kee sech méi zoutrauen.

Wann ee virun 20 oder 30 Joer gefrot gi wär, fir e Spidol zu Lëtzebuerg ze bauen, hätt keen dru geduecht, datt mer iergendwann eng Kéier vill méi grouss Isolatioun misste maachen. Et hätt keen dru geduecht, datt mer eng Kéier an enger globaler Pandemie wäeren, wou op eemol ënner ganz anere Bedingunge misst operéiert ginn, ënner anere Bedingungen un de Patienté géif geschafft ginn. A genau duerfir ass et wichteg, datt mer eis an Zukunft kënnen u variabel Situatiounen upassen.

Dat Zweet, wat ech absolutt begrëisse kann, ass déi direkt Ubannung un d'Heliporten. Dat ass eppes, wat um Kierchbiereg immens begrëssenswäert ass: vum Heliport quasi direkt an de Bloc opératoire. Dat soll dann och elo endlech beim CHL de Fall sinn. Mir wëssen, déi zwee hu méttlerweil gläichzäiteg Dëngscht, mee awer, jee no Disponibilitéit gëtt een nach ëmmer an dat eent oder an dat anert Spidol bruecht, wann et haart op haart kënnt. A grad wann ee bedenkt, datt den INCCI jo awer am CHL ugesidelt ass an datt et grad bei Häerzproblemer op all Sekonn, net nëmmen op all Minutt, ukënnt, ass dat eppes, wat e grouss Progress ass.

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dann, wa mer iwwert déi Ubannung schwätzen, da schwätze mer natierlech iwwert déi kuerz Weeër. Ech mengen, d'Gesetz huet dovunner geschwat. Och am Rapport ass dovunner geschwat ginn. E grouss Merci nach fir de Rapport. Et ass jo e bëssen eisen übleche Rapportier fir alles, wat Santé ass, deen eis erëm en extensiven a ganz gudden mëndlechen a schrëftlechen Rapport gemaach huet.

Kuerz Weeër heescht awer och, an dat huet och de Claude Wiseler virdrun, mengen ech, gesot, datt d'Leit, déi an d'Spidol kommen, mussen e kuerze Wee hunn. Dat ass sécherlech de Fall, wann een an der Stad wunnt, an et gi jo Pläng, fir och den öffentliche

Verkéier nach besser unzabannen un de CHL an Zukunft. Mee et dierf net nëmme fir déi Leit aus der Stad sinn. De CHL ass en nationale Kompetenzzentrum. Mir mussen, wa mer scho vu „médecine holistique“ schwätzen, och vun enger „politique holistique“ schwätzen. A mir mussen de CHL esou ubannen, datt d'Patientinnen an d'Patienten, d'Visiteuren, awer och d'Personal zu deenen Auerzäiten, wou se dann dohinnerkommen, och kënnen op Alternativen zum Individualverkéier zrëckgräifen.

Wie rezent eng Kéier am CHL war, dee weess, datt et ëm d'Parkplatzsituatioun do net besonnesch gutt bestallt ass. Dat läit u ganz ville Facteuren. Mee et ass sécherlech ee vun de Facteuren, dee mer mussen ugoen. An ech stinn elo net hei fir ze soen: „Mir mussen méi Parkhaier bauen!“, mee mir brauchen eng besser Ubannung un den öffentliche Transport. A mir mussen eis virun allem och d'Fro stellen: Wéi fonctionnéiert den öffentliche Transport fir déi Leit, déi Schichte schaffen? Well fir e Spidol ass et inhärent, datt do Schichte geschafft ginn. Fir e Spidol ass et inhärent, datt do Leit och virum Ufank vun enger Schicht mussen do sinn, fir Saachen ze maachen, an och deelweis no enger Schicht nach mussen do sinn. Dat heescht, och do mussen mer an Zukunft nach investéieren. An ech hoffen, datt dat gemaach gëtt.

Schlussendlech kann ech just hei eisen Accord gi fir dëse Projet, e Projet, deen iwwerfällg ass a wou ech frou sinn, wann den éischte Stee läit, den éischte Spuetestéch gemaach ass. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheitsministeresch Paulette Lenert.

### *Prise de position du Gouvernement*

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Merci, Här President. Ech si frou, dass dëse Projet Zoustëmmung fënnt. Et ass en ambitiëse Projet an engem Beräich, deen, wéi mer alleguerten, mengen ech, spëitstens mat der Pandemie verstanen hunn, systemrelevant ass, och käschtenintensiv. Wann een e Spidol plant, dann huet dat en anere Käschtepunkt wéi eng Schoul oder wéi e Centre culturel. Dat ass inhärent dozou. D'Präsideierecht spillt natierlech hei och eran. Wa mer vum Bau schwätzen, da weess een, dass, wann een op laang Jore plant, een och do Iwwerraschunge kritt, déi normalerweis net an déi gutt Richtung ginn. Et gëtt seele méi bëlle, effektiv.

Moderniséiere muss och sinn, dat ass gesot ginn. Iergendwann ass et iwwerfällg. Et kann een net éiweg weiderpléischteren. A mir sinn an där Situatioun, wou eng Rei vun eisen Akutspideeler wierklech mussen nei gebaut ginn. Dat ass hei d'Ambitioun, dass eppes, wat lues a lues gewuess ass, sech ausgedeeent huet, och iwwer verschidde Sitten, erëm beieneebruecht gëtt, modern beieneebruecht gëtt, am Interêt vum Patient. Dat ass déi éischt Suerg.

Mir wëllen eng gutt Qualitéit ubidden, souwuel wat d'Wuelbefanne vum Patient ugeet, et soll ergonomesch gutt fonctionnéieren an einfach sinn. D'Wuelbefannen dréit zu der Geneesung bäi. Mee et soll natierlech och vum techneschen Standpunkt aus um leschte Stand sinn. Mir wëllen also Plateau-techniken hunn, déi den neisten Uspréich vun der Fuerschung entsprechen, de leschten Exigencen eebe gerecht ginn.

De Suivi – dat ass ugeschwat ginn –, wa mer vun deene Budgete schwätzen, do gëtt et engem schonn dronken. Dat si ganz, ganz héich Montanten. Mir hunn dee Sujet och schonn an der Kommissioun ugeschwat, och an der Comexbu. Et ass eis Ambitioun, ons intern och an Zukunft nach méi professionell opzestellen. Wa mer vun der Gestiou vum esou Projekte schwätzen, da

brauch een natierlech déi néideg Moeien. Ech sinn do ganz zouversichtlech, dass dat och bei de Kolleegen an der Regierung a generell politesch Zoustëmmung wäert fannen. Mir sinn amgaangen, de Commissariat aux hôpitaux och auszubauen, ze evaluéieren, wat et genau brauch, fir dës Servicer méi kräfteg fir d'Zukunft opzebauen.

An och an der Transparenz vis-à-vis vun der Chamber hat ech scho mäin Accord ginn. Do hu mer och schonn ugefaangen, fir hei wierklech zweemol d'Joer an d'Comexbu ze kommen an an aller Transparenz oppenzeleeën, wou mer dru sinn, eng Vue op d'Zukunft ze ginn. Dat kënne mer och gären, wéi et gefrot ass, zesumme mat enger Finanzkommissioun maachen oder och an der Santéskommissioun. Et ass sécherlech mäi Wonsch, hei esou transparent wéi méiglech ze sinn.

Et geet ëm essenziell Investissementer, déi eise Budget wäerte grevéieren an Zukunft. Do mussen mer alleguer zesumme Verantwortung huelen. Dat si Montanten, déi net kënne fir aner Saachen ausgi ginn. An däss muss ee sech bewosst sinn. Dofir rennt Der bei mir oppen Dieren an, wann Der do den Echange frot. Dat ass eng enorm grouss Verantwortung, och op eiser Säit, esou Montanten ze investéieren. A mir sinn natierlech och frou, fir dat transparent oppenzeleeën.

Vorausschauend, wann een op esou en Zäthorizont plant, si verschidde Saachen ugeschwat ginn. Ech denken effektiv un d'Mobilitéit. Ech wënsche mer, dass mer 2030 – dat ass d'Deadline, déi hei gesat ass, wou dee Bau soll fäerdeg sinn – e Mobilitéitskonzept hunn, wat vill méi optimal ass, wéi dat haut ass. Dat misst jo eis Ambitioun als Land sinn. Dat sinn nach vill Joren! Ech ginn dovun aus, dass mer bis dohin dach awer eng nach vill besser Ubannung un den öffentliche Transport hunn. Dat misst eigentlech d'Zilsetzung sinn, an net onbedéngt méi Parkhaier. Dat ass op alle Fall, denken ech emol, d'Ambitioun, wou mer alleguerten zesummen drop hischaffen.

De Virage ambulatoire ass och ugeschwat ginn. Dat ass eppes, wou mer scho vill Progrès gemaach hunn, dat weist déi lescht Carte sanitaire, mee wou nach ganz vill Loft no uewen ass. Dofir ass grad an deem heite Projet jo och fir bannent dem Spidol de Virage ambulatoire wichteg. Och do wëlle mer de Patient net stationär halen, wann et anescht geet. An op där anerer Säit ass et deen anere Projet de loi, wou mer och schonn d'Geleeënheet haten, an der Kommissioun driwwer ze schwätzen, wou mer och ausserhalb vun de Mauere vum Spidol fir eng ganz Rei Dëngschtleeschunge méi no wëllen un de Patienté bliwen.

Dann och eeben eppes, wat hei staark grevéiert, dat ass de Plateau technique, wou mer wierklech Qualitéit wëllen erakriegen, beschtméiglech Instrumenter ubidden fir eis Patienté heit zu Lëtzebuerg. Am Generelle sinn d'Qualitéit an och d'Nohaltegkeet am Bau eppes, wou mer eis derzou verflucht hunn. Dat kascht leider nach ëmmer méi deier, wéi wann een et traditionell mécht. Mee et ass d'Ambitioun hei, wierklech an déi Richtung ze goen an der Zäit idealerweis viraus ze sinn.

An deem Sënn kann ech nëmme begrëssen, dass de Projet esou gutt ugeholl ginn ass. Vun eiser Säit aus kënne mer eis op alle Fall nëmme felicitéiere fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer mat den Acteuren haten. Déi hu ganz gutt mat eise Servicer zesumme geschafft. Ech hoffen a wënsche mer, dass mer keng Iwwerraschungen en cours de route kriegen. Dat gesäit sech am Moment ganz gutt un, soudass ech zouversichtlech sinn, dass dat och professionell esou kann oflafen, wéi et geplangt ass.

Ech soen Iech Merci.





**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8006. Den Text steet am Document parlementaire 8006<sup>3</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8006 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8006 ass mat 59 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentiuon ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8006 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par M. Léon Gloden), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf,*

*Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par Mme Octavie Modert), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusti Graas), Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Dan Kersch), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie*

*Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Ma dann ass et esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Moien um 8.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 21.27 heures.)

## Questions au Gouvernement

### Sommaire

| Objet                                                                                        | N°   | Auteur                | Page | Objet                                                       | N°   | Auteur                                  | Page |
|----------------------------------------------------------------------------------------------|------|-----------------------|------|-------------------------------------------------------------|------|-----------------------------------------|------|
| Avocat de l'enfant                                                                           | 6361 | Roy Reding            | 92   | Manque de places libres dans les maisons relais             | 6627 | Martine Hansen, Max Hengel, Paul Galles | 96   |
| Efforts déployés dans le cadre de la scolarisation des enfants et jeunes réfugiés ukrainiens | 6444 | Myriam Cecchetti      | 93   | Rupture de stock de certains médicaments                    | 6635 | Martine Hansen, Claude Wiseler          | 96   |
| Listes d'attente des maisons relais                                                          | 6477 | Marc Goergen          | 93   | Contrat avec fournisseur de gaz naturel                     | 6641 | Marc Goergen                            | 97   |
| Stratégie climatique « Fit for 55 »                                                          | 6504 | Gusti Graas, Max Hahn | 94   | Médicaments génériques                                      | 6648 | Octavie Modert                          | 97   |
| Limitation de l'utilisation de l'eau potable                                                 | 6528 | Marc Goergen          | 95   | Réduction de la demande d'énergie de l'État et des communes | 6655 | Marc Goergen                            | 98   |
| Ventes d'herbicides                                                                          | 6579 | Martine Hansen        | 95   | Chambres à café                                             | 6660 | André Bauler                            | 98   |
| Coût de location du nouveau stade de football                                                | 6588 | Fred Keup             | 96   | Vaccin Monkeypox                                            | 6661 | Sven Clement                            | 99   |
| Fermeture des stations de GNC                                                                | 6600 | Fred Keup             | 96   |                                                             |      |                                         |      |

#### **Avocat de l'enfant** | Question **6361** (16/06/2022) de **M. Roy Reding** (ADR)

Duerch d'Reform vum Scheedungsgesetz, déi am Juni 2018 an der Chamber ugeholl gouf, hunn d'Kanner d'Méiglechkeet, sech un de Familljeriichter ze adresséieren, wa si Ännerunge beim Suergerecht verlaangen. De Riichter huet dann d'Méiglechkeet, de Kanner ee „Kanneraffekot“ ze ginn, deen hir Interesse verdeedegt. De Barreau bitt eng Formatioun un, fir kënne Kanneraffekot ze ginn. Allerdéngs gëtt et um Site vum Barreau just lückenhaft Informatiounen zu dëser Ausbildung. Och de Parquet ass, sou ass eis zu Ouere komm, net an der Lag, verschidde wichteg Froen zu dëser Ausbildung ze beäntweren. Et gëtt an dëser Saach keng vollstänneg Transparenz, obschonn et hei ëm Informatiounen vun effentlechem Interesse geet.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Justizminister:

1. No wéi enge Krittären erfollegt d'Selektioun vun de Kandidaten, déi wëlle Kanneraffekot ginn?
2. Wat fir Fächer a Sujete ginn an deenen eenzele Modulle vun der Formatioun behandelt?

3. Musse sech d'Kandidaten um Enn vun dëser Ausbildung engem Examen oder enger Prüfung ënnerzëien?

4. Geet d'Madamm Minister dervun aus, datt eng Formatioun vu grad emol aacht Stonnen (4 Modullen zu jee zwou Stonnen) duergeet, fir kënnen d'Funktioun vun engem Kanneraffekot auszeüben?

5. Wat ass dat genau Zil vun dëser Formatioun?

6. Op wéi enger legaler Basis ass et engem Mannerjärege verbueden, sech een Affekot ze wielen, deen dës Formatioun net hannert sech bruecht huet?

#### **Réponse** (28/09/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

ad 1. D'Affekoten, déi un der Formatioun zum Kanneraffekot vum Stater Barreau wëllen deelhuefen, mussen e Bréif un de Bâtonnier riichten, an deem si hir Motivatioun detailleieren, firwat si Kanneraffekot wëlle ginn. D'Plaz vun der Formatioun si limitéiert, fir ee konstruktiven Austausch tëscht de Formateuren an den Affekoten ze erméiglechen. D'Aschreiwunge fir d'Formatioun ginn zougemaach, esoubal de Maximum vu Participante sech ageschriwwen huet.

ad 2. D'Formatioun zum Kanneraffekot ass op 2 Joer opgedeelt.

Am éischte Joer mussen d'Affekote 4 bis 5 Modulle vu jeeeweils 2 Stonnen Formatioun ofschléissen. Folgend Sujete ginn an den eenzele Modulle behandelt:

- Aspects du droit international privé
- L'enfant devant le juge aux affaires familiales
- L'OKaju : présentation et action
- L'encadrement social de l'enfant : la médiation et les différentes thérapies
- L'accueil de l'enfant
- Le juge de la jeunesse
- Le rôle du Parquet jeunesse et du SCASS
- La prise en charge professionnelle des abus sexuels
- L'avocat de l'enfant et les parents
- L'avocat de l'enfant et son client
- L'avocat de l'enfant et les tiers professionnels

Am zweete Joer bitt de Barreau eng „journée de formation, follow-up“ vun 8 Stonnen un. An dëser Opfrëschungsformatioun ginn d'Kanneraffekoten iwwert Aktualitéitssujete forméiert an Ateliere mat erfuerenen Affekote ginn organiséiert. E Kanneraffekot muss un

dëser Optrëschungsformatioun deelhuefen, wann en op der Lëscht vun de Kanneraffekoten ageschriwwen wëllt bliwen.

ad 3. D'Affekoten, déi un der Formatioun zum Kanneraffekot deelhuefen, mussen keen Examen schreiwen. D'Participatioun un den eenzele Modulen vun der Formatioun ass obligatoresch, fir op d'Lëscht vun de Kanneraffekote vum Barreau ageschriwwen ze ginn.

ad 4. Weeder de Barreau, nach de Justizministère kënnen den Affekoten, déi d'Formatioun zum Kanneraffekot net gemaach hunn, verbidde Kanner viru Geriicht ze verrieden. Et ass dem eenzelen Affekot iwwerlooss, a wéi engem Domainen hien exerceiere wëllt. Falls een Affekot awer net genuch Kenntniss an engem Domainen huet an trotzdem an deem Beräich exerceiert, dann exposéiert hien sech deontologesche Strofen duerch de Bättonnier.

De Justizministère begreift, dass de Stater Barreau dës Formatioun ubitt a gesäit an hir een Atout, well se net nëmmen déi juristesche Kenntniss vun den Affekoten opfrëscht, mee och wichteg Kenntniss am Beräich vun der Kannerhëllef vermettelt a fir een Echange mat de betroffenen Acteuren aus dem Secteur suert.

ad 5. D'Zil vun der Formatioun zum Kanneraffekot ass et, d'Affekoten, déi an deem Beräich schaffen, gezilt ze forméieren, well dës Matière oft net op den Universitëten ënnerriicht gëtt. Et sinn net nëmmen juristesche Kenntniss gefuerdert, mee och Kenntniss an aneren Domainen. D'Kanneraffekoten hunn och d'Obligatioun, hir Kenntniss am Kader vun der „formation permanente“ vum Barreau ze verdeiwen.

ad 6. Et steet engem Mannerjärege fräi, säin Affekot ze wälen. De Mannerjärege kann entweder een Affekot wälen, deen d'Kanneraffekotformatioun vum Barreau ofgeschloss huet oder een Affekot wälen, deen dës Formatioun net ofgeschloss huet. An der Praxis kënnt et oft vir, dass d'Mannerjäreger selwer een Affekot beoptragen, ouni dass d'Geriicht een Affekot fir de Mannerjärege bestëmmt, da steet et och dem Riichter fräi, een Affekot ze wälen, deen d'Formatioun zum Kanneraffekot ofgeschloss huet oder net. De Barreau stellt de Riichter eng Lëscht zur Verfügung, wou all d'Kanneraffekoten agedroen si mat den Domainen, an deene si spezifesch exerceieren (Familljerecht, Strofrecht fir Mannerjäreger, Jugendschutz) an och hire jeeeweilege Sproochkenntniss.

### Efforts déployés dans le cadre de la scolarisation des enfants et jeunes réfugiés ukrainiens | Question 6444 (04/07/2022) de Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)

Dans le contexte du conflit ukrainien, de nombreuses personnes ont pu trouver refuge au Luxembourg.

Parmi les réfugié.e.s ukrainien.ne.s, des enfants et jeunes en âge de scolarisation ont été scolarisé.e.s au Luxembourg depuis le trimestre dernier.

Il m'importe d'obtenir de la part de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale et de la Jeunesse des informations concernant les conditions et moyens mis en place pour assurer la scolarisation des réfugié.e.s ukrainien.ne.s et de savoir à quelle mesure les efforts déployés jusqu'à présent par le Ministère de l'Éducation nationale auront été efficaces.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale et de la Jeunesse :

1) Monsieur le Ministre a-t-il d'ores et déjà consulté les services et instances de scolarité aux niveaux

communal et national afin de dresser le bilan des efforts déployés pour assurer la scolarisation des réfugié.e.s ukrainien.ne.s ?

2) Monsieur le Ministre peut-il me fournir les données relatives à la proportion des enfants scolarisés au total par commune et par école fondamentale et le cas échéant par lycée dans les différentes communes ?

3) Monsieur le Ministre peut-il me dire combien de personnes au total ont été engagées afin de prendre spécifiquement en charge l'encadrement des élèves ukrainien.ne.s ?

4) Quelles sont les missions et la définition des tâches exactes de ce personnel ?

5) Quelle est la proportion de ce personnel spécifique par commune et par école fondamentale et le cas échéant par lycée implantés dans les différentes communes ?

6) Sous quel(s) statut(s) ce personnel spécifique est-il engagé ? Veuillez spécifier la nature et la durée des contrats de travail en cours ainsi que les tarifs de rémunération appliqués.

**Réponse (28/09/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

L'offre scolaire à l'intention des enfants et jeunes réfugiés ukrainiens est principalement organisée par les six écoles internationales publiques ainsi que par l'École nationale pour adultes (ENAD).

Tant à l'enseignement fondamental (EF) qu'à l'enseignement secondaire (ES), les écoles internationales publiques ont mis en place des classes d'accueil à langue véhiculaire anglaise pour élèves ukrainiens. Le choix de l'anglais s'est imposé par le fait que la majorité des élèves ukrainiens apprennent cette langue dès la 3<sup>e</sup> année d'études. Depuis le début de la guerre en Ukraine fin février 2022, un total de 846 élèves ukrainiens ont été inscrits dans une des écoles internationales publiques et à l'ENAD.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Pour la raison évoquée plus haut, le nombre d'inscriptions dans l'enseignement fondamental au niveau communal a été plus limité. Aux parents des élèves du cycle 1, une inscription à l'école fondamentale de leur lieu de résidence a été proposée. Si la grande majorité des élèves d'âge préscolaire (3-5 ans, cycle 1 de l'école fondamentale luxembourgeoise) ont été inscrits à l'école fondamentale de leur commune de résidence, seul un nombre restreint de parents ont opté pour une scolarisation de leurs enfants de la tranche d'âge de 6 à 12 ans à l'école fondamentale de leur commune de résidence.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

En vue de soutenir les équipes pédagogiques dans la scolarisation des enfants réfugiés ukrainiens dans les écoles fondamentales communales, mon ministère a recruté 207 agents supplémentaires pour le troisième trimestre de l'année scolaire 2021-2022. Ces agents ont été engagés par le biais d'un contrat de travail à durée déterminée pour chargés de cours de l'enseignement fondamental. Le contrat prémentionné définit les tâches des agents recrutés, à savoir :

1) l'organisation et la mise en œuvre des activités prévues à l'article 2 du règlement grand-ducal du 16 juin 2009 déterminant le fonctionnement des cours d'accueil et des classes d'accueil pour enfants nouvellement installés au pays ;

2) l'aide et l'assistance aux enfants réfugiés ukrainiens dans leur classe d'attache ;

3) l'aide et l'assistance aux élèves en général ;

4) le suivi des travaux d'approfondissement et de répétition préparés par le titulaire de classe pour les élèves ;

5) l'animation des récréations ;

6) la gestion pédagogique du groupe d'élèves en matière de discipline et de sécurité, dans le respect des gestes barrières indiqués ;

7) la surveillance 10 minutes avant le début et dix minutes après la fin des cours ;

8) la concertation avec les titulaires de classe ;

9) le remplacement temporaire du personnel enseignant.

La répartition des agents recrutés s'est faite en fonction du nombre d'arrivées d'élèves réfugiés ukrainiens dans les différentes directions de région dès le début du mois de mars et une projection des futures arrivées fondée sur une analyse de l'accueil des réfugiés. La répartition des agents sur les écoles fondamentales était assurée par les directions de région en concertation directe avec les acteurs locaux.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Pour les écoles internationales publiques, la répartition des agents ressort du tableau ci-dessous.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Par ailleurs, afin de faciliter la communication entre les parents des élèves et le personnel des écoles, 54 médiateurs interculturels ont été recrutés.

Les missions des médiateurs interculturels sont définies par règlement grand-ducal :

« Le rôle du médiateur interculturel est d'intervenir à la demande des personnes concernées pour :

a) faciliter l'accueil scolaire et rassurer l'élève lors du premier contact avec l'école ;

b) fournir aux parents des informations sur le système scolaire luxembourgeois et les activités parascolaires ;

c) aider à établir un bilan scolaire des élèves et informer le personnel des écoles de l'enseignement fondamental et secondaire sur leur système scolaire d'origine ;

d) traduire oralement ou par écrit des informations à l'intention des parents d'élèves ou de l'enseignant, notamment lors de réunions avec les parents ;

e) aider à trouver des solutions en cas de désaccord ;

f) travailler en partenariat et accompagner l'élève au besoin ;

g) organiser, en dehors de la période des cours, des activités culturelles, sportives et d'engagement communautaire pour les élèves et les y accompagner. »<sup>1</sup>

« Les médiateurs interculturels sont engagés soit sous le régime de l'employé de l'État, soit sous celui du salarié au service de l'État. Ils sont classés dans la carrière qui correspond à leur diplôme. L'indemnité du médiateur interculturel est fixée en fonction de son diplôme et conformément à la législation en vigueur pour les employés occupés dans les administrations et services de l'État. »<sup>2</sup>

### Listes d'attente des maisons relais | Question 6477 (13/07/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

„Wir werden nicht alle in den Maisons relais aufnehmen können“, esou titelt „L'essentiel“ en Artikel vum

<sup>1</sup> Article 6 du règlement grand-ducal du 10 mai 2012 déterminant les modalités de recrutement, de classement et de rémunération des médiateurs interculturels au service de l'éducation nationale.

<sup>2</sup> Article 4 du règlement grand-ducal du 10 mai 2012 déterminant les modalités de recrutement, de classement et de rémunération des médiateurs interculturels au service de l'éducation nationale.



2. Juli. D'Regierung huet jo decidéiert, dass dës Zort Betreuungsstrukturen an Zukunft solle gratis ginn. Dës Decisioun wäert mam Gesetzesprojet 7986, deen den 12. Juli an der Chamber gestëmmt gouf, realiséiert ginn.

Allerdéngs, an esou gouf et an der Chamberssitzung gesot, kënnen net all Familjen Usproch vun dësem gratis Service huelen, well et, jee no Gemeng, an de Maison-relais keng Plaze méi gëtt. A verschiddene Gemenge si 500 Kanner op de Waardelëschten, fir ugeholl kënnen ze ginn. Dës Situatioun blockéiert d'Elterendeeler, déi fir d'Betreiung vun hire Kanner selwer opkomme mussen. Gläichzäiteg ass d'Gläichheet vun de Chancë fir d'Kanner am aktuelle Kontext net garantéiert, well de Prinzipp gëllt: Wer zuerst kommt, mahlt zuerst. Schliesslech huet d'effentlech Petitioun N° 2061 net fir näischt als Titel gehat: „Ënnerstëtzung fir d'Elteren, deenen hir Kanner NET an eng Maison relais ginn“.

An deem Zusammenhang wëllt ech de Ministere fir Bildung an Interieur dës Froe stellen:

1. De Minister hat op d'Fro N° 6162 geäntwert, dass de Staat keen Abléck op d'Waardelëschte vun de Maisons relais hätt, well dës vun den eenzele Gestionnaire gefouert ginn. Gläichzäiteg finanziert de Staat dës Strukturen awer all Joer mat Milliounebeträgg. Wéi wëll d'Regierung den Impakt vun hirer Politik verstoen, wann se emol net d'Demande fir dës politesch Moossnam identifizéiere kann?

Am Fall, wou een an der Tëschenzäit awer Donnéeën zu der Waardelëschte sollt hunn: Wéi grouss sinn aktuell d'Waardelëschten, opgelëscht no Gemeng, a wéi vill Maison-relais feelen aktuell, opgelëscht no Gemeng?

2. Gedenkt d'Regierung, iergendeppes um nationale Plang ze ënnerhuelen, fir dass d'Kanner am ganze Land Usproch op eng Plaz an der Maison relais kënnen hunn, onofhängeg dovunner, a wéi enger Gemeng se wunnen?

3. Wéi fënnt d'Regierung d'Iddi, dass Elteren, déi ee schrëftleche Refus krute fir eng Plaz an enger Maison relais, op d'mannst d'Sue vum d'Mëttegiessen, dat jo hei gratis ass, vum Staat oder der Gemeng ausbezuelt géife kréien?

**Réponse** (21/09/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministere de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **Mme Taina Bofferding**, Ministere de l'Intérieur

Esou wéi d'Kand an d'effentlech Schoul geet, ouni dofir mussen ze bezuelen, soll och d'Kand ab dem 12. September 2022 d'Méiglechkeet kréien, fir e fräiem Accès zu de Bildungs- a Betreuungsstrukturen ze hunn. Gutt Bildung an Zukunftschancë fir d'Kanner solle keng Fro vum Portemonnaie vun den Eltere sinn. Dëst ass eng grondsätzlech Fro, mat där d'Regierung de Wäert vun der nonformaler Bildung nach eng Kéier ënnersträicht.

Et ass net ugeduecht, fir den Eltere vu Kanner, déi net vun dëser Offer profitéieren, eng Kompensatioun zoukommen ze loossen.

Mir erlaben eis doriwwer eraus, dem honorabelen Deputéierten nach eng Kéier grondsätzlech d'Attributiounen an de Rôle vum Staat am Beräich vun der Kannerbetreiung an Erënnerung ze ruffen.

Den Educationnsministère ass engersäits fir de gesetzleche Kader an d'Qualitéitssécherung an -entwécklung am Beräich vun de Bildungs- a Betreuungsstrukturen zoustänneg. Anerersäits dréit de Staat zum Financement vum Bau vun de Gebaier an der Offer bäi.

D'Entwécklung vun der Offer läit an der Hand vun de Gemengen, déi zesumme mat konventionéierten

Acteuren eng Offer opbaue kënnen, an an der Hand vu privatrechtlechen Acteuren.

Den nonformale Bildungsberäich besteet deemno net nëmmen aus Maison-relais, dat heescht Betreuungs- a Bildungsstrukturen fir Schoulkanner, déi ënnert der Gemeng als lokalem Entscheedungsträger opgebaut ginn, mee dozou zielen och aktuell eng 111 Foyers de jour, déi vu privaten Träger gefouert ginn, an 387 Dageselteren, déi och Schoulkanner kënnen encadréieren. A verschiddene Gemenge maachen d'Foyeren an d'Dageseltere bis zu 30 % vun der nonformaler Bildungsoffer fir d'Schoulkanner aus.

An de leschte Jore si vill Efforten ënnerholl ginn, fir der grousser Demanden vun den Elteren no enger Betreuungsplaz fir hir Kanner nozekommen. Zanter der Aféierung vum Chèque-service accueil (CSA) am Joer 2009 huet de Secteur insgesamt eng Progressioun vun ongeféier 400 % um Niveau vun de Plazen ze verzechnen (cf. Rapport d'activité MENJE 2021). Aktuell sinn ongeféier 35.000 Kanner, déi der Schoulpflicht ënnerleien, an enger nonformaler Bildungsstruktur ageschriwwen (Juni 2022).

Mat Ausnam vum Pandemiejoer 2020 hëlt d'Zuel vun de Beneficiaire vum CSA am Schnëtt nach ëmmer pro Joer ëm 4 % zou, iwwerdeems d'Zuel vun de Plazen, déi de Kanner um nationale Plang zur Verfügung gestallt ginn, am Schnëtt pro Joer ëm 3 % klëmmt.

An all Gemeng gëtt et an der Tëschenzäit op d'mannst eng Maison relais, dat heescht eng konventionéiert Struktur, wou d'Schoulkanner encadréiert ginn. Net all Gemeng huet privat Foyers de jour an Dageselteren op hirem Territoire. Et ass gewosst, wou wéi eng nonformal Bildungsstrukturen ugesidelt sinn. Bekannt sinn och hir Kapazitéit an d'Zuel vun de Kanner, déi am Laf vum Mount betreit gi sinn. Vu datt eng Plaz duerch méi Kanner ka besat ginn, seet den Taux d'occupation, dee méi héich ass wéi 100 %, näischt direkt aus iwwert de Bedarf un zousätzlechen Plazen. Et kënnen deemno Strukturen ginn, déi en Taux d'occupation vun 100 % hunn an awer nach fräi Plaze hunn, well eng Plaz vun zwee oder méi Kanner besat ka ginn. Par contre kënnen mir doraus awer sécher schléissen, datt, wann eng Struktur méi Plazen huet wéi Kanner, déi betreit ginn (den Taux d'occupation läit ënner 100 %), se sécher nach fräi Plazen huet. Laut dëser Berechnung hu mindestens 67 % vun de konventionéierte Strukturen fir d'Schoulkanner nach fräi Plazen. Um Niveau vun de private Foyers de jour sinn et mindestens 46 %, déi laut eise Berechnungen nach iwwer fräi Plaze verfügen (Juni 2022).

Et ass deemno net esou, wéi wann ee vun enger genereller Penurie vu Betreuungsplazen zu Lëtzebuerg schwätze kéint.

D'Erklärungen, firwat an deene Gemengen, wou d'Auslastung vun de Betreuungsstrukturen un hir Limite stéisst, net zum Beispill privatrechtlech Strukturen d'Offer iwwerhuelen, si villfälteg an u lokal Gegebenheete geknäppt. Ee vun de Grënn, déi invoquéiert ginn, si feelend Surfaces, fir an urbane Raim kënnen sou Bildungs- a Betreuungsstrukturen ze entwéckelen.

Staark lokal Croissancë vun der Populatioun an enger Gemeng sinn en anere Grond, firwat d'Kapazitéit vun de Bildungs- a Betreuungsstrukturen un hir Limite stoussen. An dësem Fall sinn d'Gemengen dacks an engem temporären Enkpass bis zur Finaliséierung vun neie Betreuungsstrukturen.

D'Verhalen an d'Liewensorganisatioun vun den Elteren ass och net an all Gemeng identesch a variéiert vun enger Region zur aner. Et gëtt Gemengen (z. B. Südgemengen), déi um Niveau vun der Planung eng Offer viséieren, déi 100 % vun de Schoulkanner ofdeckt. Aner Gemengen, besonnesch déi

am ländleche Raum, kommen am Moment duer mat enger Offer, déi manner wéi 100 % vun de Schoulkanner ofdeckt, sief et well et aner privat Bedreiwer vu Betreuungs- a Bildungsstrukturen an der Gemeng gëtt, sief et well de Bedarf u Plazen an der Gemeng net doriwwer erausgeet.

Wat d'Planung vun den noutwennege Betreuungsplazen um lokale Plang ubelaangt, do spillt d'Gemeng eng zentral Roll. Dës Planung kann och just iwwert d'Gemeng assuréiert ginn, well bei der Gemeng all déi Informatiounen (betreffend d'Zuel vun de Kanner, d'Zusammenaarbecht mat externe Bedreiwer, de Wuesstem vun der Gemeng an de Bedarf u Betreiung vun der lokaler Bevëlkerung) zesummelafen, déi ee brauch, fir de Bedarf un zousätzlechen Plazen iwwert déi kommend Joren ze bestëmmen.

All dës Grënn schwätzen dofir, fir an der Planung an Entwécklung vun de Betreuungsstrukturen um besteeënde Partenariat tëscht Staat a Gemenge festzehalen, bei där d'Gestioun vun de Waardelëschten op der Säit vun de Gemengen an net beim Staat läit.

**Stratégie climatique « Fit for 55 »** | Question 6504 (19/07/2022) de **M. Gusty Graas** | **M. Max Hahn** (DP)

La stratégie climatique « Fit for 55 » prévoit l'utilisation d'un cinquième des terres agricoles européennes pour la production de bioénergie d'ici 2050, et de quadrupler les importations de bois destinées à la production d'énergie.

Or, la production de bioénergie nécessite des grandes quantités de terres agricoles au détriment de la production de nourriture et de la conservation des habitats. Par ailleurs, l'importation d'arbres en Europe pour la production d'énergie renforcerait le changement d'affectation de sols et la déforestation en dehors de l'Europe.

Au vu de ce qui précède, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et à Monsieur le Ministre de l'Agriculture :

1) Quelle est la position du Gouvernement à l'égard des objectifs de la stratégie « Fit for 55 » en ce qui concerne la production et l'importation de biomasse ?

2) Le Gouvernement entend-il consacrer 20 % des terres agricoles luxembourgeoises pour la production de bioénergie d'ici 2050, tel que prévu par la stratégie précitée ?

3) Dans l'affirmative, de quelle manière le Gouvernement prévoit-il d'y parvenir ?

4) Quelle est la superficie des terres arables utilisées actuellement pour la production de bioénergie au Luxembourg ? Quelle a été son évolution pendant les dix dernières années ?

**Réponse** (28/09/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministere de l'Énergie | **M. Claude Haagen**, Ministere de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | **Mme Joëlle Welfring**, Ministere de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1) La stratégie « Fit for 55 » prévoit de renforcer les critères de durabilité pour les biocarburants, les bioliquides et les combustibles issus de la biomasse établis par la directive 2018/2001 du Parlement européen et du Conseil du 11 décembre 2018 relative à la promotion de l'utilisation de l'énergie produite à partir de sources renouvelables. Elle confirme également le principe de l'utilisation en cascade visant une utilisation efficace des ressources de la biomasse en donnant

la priorité à l'usage matériel de la biomasse par rapport à son usage énergétique.

Dans une réponse à la question parlementaire n° 5306 du 29 novembre 2021 se trouvent de plus amples détails quant aux domaines prioritaires d'utilisation de la biomasse. Le Gouvernement est conscient que le bois (pouvant provenir du Luxembourg mais également de la Grande Région) doit être utilisé à des fins énergétiques en dernier ressort et doit être utilisé en priorité pour décarboner la bâtisse existante (p. ex. où des mesures de rénovation sont difficilement réalisables ou interdites).

L'utilisation de la biomasse est ainsi une source d'énergie importante, notamment dans le domaine de la production de chaleur. La stratégie actuelle du Gouvernement se reflète dans les chiffres repris dans le plan national intégré en matière d'énergie et de climat (PNEC), qui prévoit de passer d'une production de 972 GWh en 2017 à 1.935 GWh en 2030. Ces chiffres contiennent également l'utilisation du bois de rebut qui représente aujourd'hui la majeure partie de la production de chaleur basée sur la bioénergie.

Le Gouvernement entend prioritairement se baser sur un déploiement rapide de l'éolien, du solaire et des pompes à chaleur du Luxembourg et un recours à la biomasse dans le cadre de la disponibilité dans la Grande Région et en se basant sur l'utilisation en cascade.

ad 2) et 3) En raison de la surface agricole limitée, le Gouvernement n'entend pas consacrer 20 % des terres agricoles à la production d'énergie à partir de la biomasse. Dans la stratégie nationale biogaz qui sera présentée dans sa version définitive sous peu, le Gouvernement s'est fixé l'objectif de limiter la surface agricole consacrée à la production de cultures énergétiques pour la biométhanisation à 1.500 ha. Ces cultures dédiées serviront uniquement comme complément de ration pour augmenter la productivité des effluents d'élevage à faible pouvoir méthanogène. En effet, dans le domaine du biogaz, priorité sera donnée à l'utilisation du lisier.

ad 4) Selon le Service d'économie rurale, la surface consacrée à la production de cultures énergétiques (notamment pour le biogaz) s'élevait à 1.073 ha<sup>3</sup>, correspondant à 1,7 % de la superficie des terres arables. Entre 2011 et 2021 la surface utilisée pour la production de cultures énergétiques a oscillé entre 684 ha et 1.310 ha.

**Limitation de l'utilisation de l'eau potable** | Question 6528 (22/07/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Während laangen Dréchenten am Summer kënn et vir, dass d'Leit opgeruff ginn, Waasser ze spueren. Den 13. Juli 2022 hunn den Ëmweltministère an d'Waasserwirtschaftsamt eng „phase de vigilance“ aktivéiert, déi d'Waasserconsommation betrëfft. Niewent Recommandatiounen fir Privatleit enthält de Communiqué och en Appell un d'Entreprises an d'Gemenge mat de Wierder:

«Secteur communal et professionnel: Cet appel s'adresse également aux communes et aux entreprises, qui peuvent limiter l'utilisation de l'eau potable au strict nécessaire, notamment en optimisant l'arrosage des espaces verts, en évitant l'utilisation des nettoyeurs à haute pression, ou encore en mettant à l'arrêt les fontaines publiques.»

Den Normalbiereger muss an deem Fall seng Ustrengeunge maachen, fir Waasser ze spueren a soll, zum

Beispill, dobausse keng Autoe méi wäschten oder de Gaart mat Drénkwaasser näzen. Et gesäit een op verschiddene Plazen am Land zur gläicher Zäit awer, dass riseg Fussballfelder owes während Stonne genat ginn. A verschiddene Fäll sinn et d'Gemenge selwer, déi d'Terrainen näzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Sport an Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt d'Drénkwaassersituatioun während Dréchente bei Sportaarte gehandhaabt, déi hire Sport um Wues ausüben?

2. Sollen och Sportsclubb, Associatiounen a Gemengen ab deem Moment, wou eng Vigilance ausgeruff gëtt, sech un d'Waasserpuermoosnamen halen?

3. Fält d'Nätze vu grouse Sportterrainen a Parken och ënnert d'Waasserspueermoosnamen, wann d'Privatleit gesot kréien, si sollen hire Wues net näzen?

**Réponse** (21/09/2022) de **M. Georges Engel**, Ministre des Sports | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Am Communiqué vum 13. Juli vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung (MECDD) sinn all Verbraucher opgeruff ginn, spuersam mam Drénkwaasser ëmzegoen. Et gouf sech u Privatleit adresséiert, mee och un den ëffentlechen a gewerbliche Secteur. All Acteure sinn opgeruff ginn, fir, wann nëmme méiglech, op d'Nätzen ze verzichten. Falls dëst net ganz kann ausगत ginn, sollt d'Bewässerung zumindest op den Zäitraum tëscht de spéiden Owesstonne bis déi fréi Moiesstonne begrenzt ginn.

Iwwer d'Circulaire N° 4159 vum 14. Juli 2022 gouf iwwert den Inneministère de Gemengen an de Gemengesyndikater aus dem Waassersecteur nach eemol explizit matgedeelt, dass de MECDD, opgrond vun der Dréchent d'„phase de vigilance“ deklaréiert huet, fir eng Drénkwaasserpenurie ze evitéieren.

Et ass ze preziséieren, datt d'„phase de vigilance“ ausgeruff gëtt, fir landeswäit all Acteure ze informéieren, datt de Waasserverbrauch héich ass an dofir jiddereen opgefuerdert gëtt, fir fräiwëlleg spuersam mam Waasser ëmzegoen. Restriktiounen fir d'Notzung vum Drénkwaasser fir bestëmmten Zwecker kënnen nëmme vun enger Gemeng ausgeruff ginn. Dëst geschitt an de sougenannte „phases oranges“ a „phases rouges“. Esou eng Decisioun gëtt duerch ee kommunale „règlement d'urgence“ geholl.

An der Circulaire goufen d'Gemengen iwwert d'Situatioun an déi potenziell Demarchen informéiert. Zousätzlech sollten d'Gemengen hir Bierger sensibiliséieren an informéieren a goufen des Weideren och konkret gebieden, fir mam gudden Beispill virzegoen, wat d'Nätze vun ëffentlechen Infrastrukturen ubelaangt, wou dann och zum Beispill Fussballterrainen drënnerfalen.

Wat elo konkret d'Fussballterrainen ubelaangt, esou sinn dës zum allergréissten Deel an ëffentlecher Hand an domadder fält d'Nätzen an den Entretien vun dësen Infrastrukturen an de Beräich vum sougenannten „intérêt général“. Laut dem aktuelle Sportsgesetz sinn d'Gemengen och verpflichtet, déi sportlech Infrastruktur gemäz den Normen vun den internationale Sportsverbänn unzupassen, sou ewéi och den technesche Virschreife betreffend d'Hygiene an de Confort respektiv d'Sécherheet vun de Benotzer an dem Public. Och sinn d'Gemenge reglementaresch verpflichtet, am Fall, wou si eng finanziell Ënnerstëtzung vum Staat kritt hunn, beim Bau oder der Modernisatioun vun enger Sportsinfrastruktur all Mesuren ze ergreifen, fir de Fonctionnement, den Entretien an eng Surveillance vun dësen Infrastrukturen ze garantéieren.

Op verschiddene Plaze ginn dës Terrainen des Weideren och net mat Drénkwaasser genätzt. De Gemenge gouf dofir och matgedeelt, hire Bierger dëst transparent matzedelen. Et gouf de Gemengen och gero-den, wann néideg, owes oder moies fréi ze näzen.

ad 2. Jiddereen ass opgeruff, sech u Waasserspueermoosnamen ze halen.

ad 3. D'Nätze vun ëffentlechem Terrain ass d'selwecht ze handhabe wéi vu privatem Terrain. Sportterrainen an aner ëffentlech Infrastrukture falen allerdéngs ënnert de sougenannten „intérêt général“, woubäi och hei dat bewosst d'Nätze gëllt.

**Ventes d'herbicides** | Question 6579 (29/07/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

An eisen Nopeschlänner, notamment a Frankräich, ass de Verkaf vu Planzeschutzmëttelen am leschte Joer fir d'éischt zanter Joren nees geklommen. Laut de Berichter an der landwirtschaftlecher Fachpress erkläert dës Hausse sech virun allem duerch den Asaz vu Planzeschutzmëttelen, déi besonnesch an der Biolandwirtschaft an am Biowäibau agesat ginn, wéi beispillsweis Koffer- a Schwiefelprodukter.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung stellen:

1. Wéi vill landwirtschaftlech Planzeschutzmëttelen sinn 2021 hei zu Lëtzebuerg insgesamt verkaf ginn, a wéi gesäit d'Entwécklung vun de Venten vun de leschte 5 Joer aus?

2. Gi Koffer- a Schwiefelprodukter, déi haaptsächlech an der Biolandwirtschaft zum Asaz kommen, an de Lëtzebuurger Statistiken zu den allgemenge Planzeschutzmëttelen derbäigeezt?  
– Wann nee, wéi gesäit bei dëse Produkter d'Entwécklung an de leschte 5 Joer aus?

3. D'European Food Safety Authority (EFSA) stuift den Afloss vum Koffer op Mënsch an Ëmwelt als héich riskant an. Analysen um Terrain hunn am Ausland doriwwer eraus gewisen, datt den Asaz vu Koffer zu Kontaminatiounen vum Buedem féiert. Wat gedenkt d'Regierung ze maachen, fir de Kofferasaz ze reduzéieren?

**Réponse** (20/09/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Statistiken zum Verkaf vu Planzeschutzmëttelen gi vun EUROSTAT publizéiert. Méi detailléiert Statistiken dierfen aus Confidentialitéitsgrënn net publizéiert ginn. Detailler heizou stinn um Agrarportal: <https://agriculture.public.lu/de/agrarstatistik/landwirtschaft-umwelt/vente-pp.html>. Informatiounen zur verkaafte Quantitéit vu Wirkstoffen aus reng landwirtschaftleche Planzeschutzmëttelen ginn net erhuewen.

ad 2. Jo, déi verschidde Kofferverbindungen a Schwiefel ginn ewéi all anere Wirkstoff behandelt. D'Uwendungsgebit gëtt heibäi net berécksiichtegt.

ad 3. D'EU-Reglement 2018/1981 schreift vir, datt maximal 28 kg Koffer pro Hektar bannent siwe Joer ausbruecht dierfe ginn. Dës Oplag gouf an déi national Sprézmëttelzouloossungen iwwerholl.

Am Kader vun der aktueller Reform vun der GAP kënnen Produzenten an engem Eco-Scheme deelhuelen, deem d'Benotze vu Planzeschutzmëttelen mat Wirkstoffen mat bestëmmten, defavorablen Eegenschaften ënnerbënnt. Dozou gehéieren och d'Planzeschutzmëttelen mat de verschiddene Kofferwirkstoffen.

<sup>3</sup> Basée sur les données issues de la déclaration de superficie



Am Beräich vum biologesche Wäibau féieren den IVV zesumme mam LIST Versuch duerch, mam Zil, d'Uwendung vu Kofferwierkstoffer ze reduzéieren.

**Coût de location du nouveau stade de football | Question 6588 (01/08/2022) de M. Fred Keup (ADR)**

Den nationale Fussballstadion ënnersteet der Gemeng Lëtzebuerg a gëtt u Federatiounen a Veräiner, déi do wëllen (oder mussen) spillen, géint en héije Loyer zur Verfügung gestallt. Dee Stadion, deem d'Stad Lëtzebuerg op hirem Territoire wollt hunn, an deem de Staat, dee sech och um Ënnerhalt bedeelegt, mat iwwer 40 Milliounen finanziert huet, gëtt richteg deier, wann eng Federatioun oder e Veräin vun him wëllt profitéieren. Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Sportminister:

1. Ass séchergestallt, datt d'Tariffer vun der Gemeng Lëtzebuerg just d'Käschten decken?
2. Ass ugeduecht, datt de Sportsministère de befrafene Veräiner a Verbänn bei de Stadionkäschten hëlleft oder si mat engem Subsid iwwerhëlt?
3. D'UEFA an d'FLF si ganz aktiv, fir Fussballveräiner finanziell ze hëllefen, dat och duerch Suen, fir esou europäesch Matcher ze spillen. Ass et sénnvoll, Ekippen, déi duerch hire sportleche Meritt europäesch Qualifikationsmatcher däreft bestreiden, fir Infrastrukture bezuelen ze loossen, déi keng aner Daseinsberechtigung hu wéi eebe Matcher ze spillen?

**Réponse (28/09/2022) de M. Georges Engel, Ministre des Sports**

D'Stad Lëtzebuerg ass Propriétaire vum Stade de Luxembourg. Déi zoustänneg Instanz vum der Stad Lëtzebuerg hunn dofir och Tariffer fixéiert, wat d'Benotze vun de verschiddenen Infrastrukturen am Stade de Luxembourg betrëfft. Des Weidere ginn d'Konditiounen vun der Bereetstellung vum Stade de Luxembourg un d'Federatiounen respektiv un d'Veräiner per Konventioun zwëschen dem „exploitant“, der Stad Lëtzebuerg, an dem „organisateur“, der Federatioun oder dem Veräin, festgehalen.

ad 1. Jo, d'Tariffer vun der Gemeng Lëtzebuerg decke bei Wäitem d'Käschten net.

ad 2. Ech verweisen den honorabelen Deputéierten hei op d'Antwort op d'Fro N° 6521, wou eraus ervirgeet, dass déi entspreche Veräiner, respektiv Verbänn een aussergewöhnleche Subsid beim Sportsministère ufroe kënnen op Basis vun engem detailléierten De-compte, deem déi do Käschte mat abegräift a wou dann och eventuell Subside vun europäesche Federatiounen mat berücksichtegt ginn.

ad 3. Ech verweisen dann do op d'Antwort op déi 2. Fro, wuel wëssend, dass am Stade de Luxembourg och aner Eventer stattfanne kënnen, ewéi nëmme Matcher.

**Fermeture des stations de GNC | Question 6600 (03/08/2022) de M. Fred Keup (ADR)**

Sou wéi et mir zougedroe gouf, sollen déi zwou CNG-Gas-Tankstellen, iwwert déi Lëtzebuerg aktuell verfüegt, hir Servicer am Oktober 2022 respektiv am Mäerz 2023 astellen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Energie-minister gär dës Fro stellen:

– Kann den Här Minister dës Virgang bestätegen? Falls jo, kann den Här Minister matdeelen, ob vum Mäerz 2023 un eng Alternativ geplangt ass, fir zu Lëtzebuerg CNG-Gas kënnen ze tanken?

**Réponse (21/09/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie**

Virun iwwer 20 Joer war de politesche Wëllen do, fir den CNG als alternative Carburant zu Lëtzebuerg ze positionéieren an ze promouvéieren. Den Erdgasfournisseur Soteg, deem tëschenzäitlech am Grupp Encevo opgaangen ass, huet deemools d'Initiativ geholl, fir eng Rei CNG-Gas-Tankstelle wëllen opzebauen. Dës Initiativ war op fir all interesséiert Tankstellebedreiwer. Allerdéngs war deemools just Aral interesséiert, sou-dass d'CNG-Tankstellen exklusiv op Aral-Standuerten entstanen sinn. An der Héichzäit ware sechs CNG-Tankstellen ënner der Marke Aral fir de Client disponibel.

Trotz villen Initiativen a Beméiungen louchen d'inlän-desch kumuléiert Immatrikulatiounen ëmmer ënner 400 Gefierer, a war domadder zu kenger Zäit fir déi bedeelegt Betriber ekonomesch profitabel.

Do dernieft ass zanter 2016 politesch den Akzent méi a méi op d'Elektromobilitéit a manner op de CNG ge-luecht ginn, fir domatter méi séier CO<sub>2</sub>-Reduktiounen am Transportberäich ze erreechen. Déi bis dohin-ner niddereg Immatrikulatiounszuele vu CNG-Gefierer gekoppelt mat der neier Ausrichtung vun den alter-native Carburanten huet bei de Bedreiwer vun de CNG-Tankstellen zu der Decisioun gefouert, d'Unzuel vun den Tankstelle graduell op null ze fueren, wat zanter 2018 ëmgesat ginn ass. Dës ass vun de Be-dreiwer och an engem Pressecommuniqué vun 2018 matgedeelt ginn, an deem d'Fermeture och vun de leschten zwou Tankstelle schonns annoncéiert gi war.

Zanter e puer Méint informéiert Aral seng CNG-Client-en direkt op deenen zwou Tankstellen, datt d'CNG-Tankstell Findel am Oktober 2022 an d'CNG-Tankstell Märel am Mäerz 2023 wäerten zougoen. Duerno wäert keng ëffentlech zougänglech CNG-Tankstell méi zu Lëtzebuerg a Betrib sinn.

**Manque de places libres dans les maisons relais | Question 6627 (08/08/2022) de Mme Martine Hansen | M. Max Hengel | M. Paul Galles (CSV)**

Laut eisen Informatiounen sinn an de leschte Wochen eng Partie Elteren informéiert ginn, datt fir dat nächst Schouljoer keng Plaz méi fir hiert Kand an der Maison relais wier.

An deem Zesummenhang wëllte mir follgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

- Ass de Ministère sech dëser Problematik bewosst?
- Wou besteet esou ee Mangel u verfügbare Plazen?
- Wéi gedenkt de Minister den Elteren, respektiv de Gemengen zur Hand ze goen, falls net genuch Be-treiuungsplazen zur Verfügung stinn?

**Réponse (28/09/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

Ech verweisen déi honorabel Deputéiert op d'Antwort op déi parlamentaresch Fro Nr. 6477 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen, déi sech mat der selwechter Thematik befaasst.

**Rupture de stock de certains médicaments | Question 6635 (09/08/2022) de Mme Martine Hansen | M. Claude Wiseler (CSV)**

Eis gëtt vusäit vum Apdikter zougedroen, dass et an der Lescht schwierig ass, verschidde Medikamenter opzedreiwen. Aner Medikamenter wiere vun enger sougenannter „rupture de stock“ betrafft.

An deem Zesummenhang wëllte mir follgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch richten:

1. Kann d'Madamm Ministesch virgenannten Infor-matiounen bestätegen?
2. Bei wéi enge Medikamenter ass et an der Lescht zu „rupture de stock“ komm? Gi Patienten, déi op dës Medikamenter ugewise sinn, am Virfeld doriwwer informéiert?
3. De Fall gesat, ee Patient ass op ee gewëssent Medi-kament ugewisen (z. B. am Fall vun enger Organ-transplantatioun), wéi gëtt séchergestallt, dass dës Patient zu all Moment iwwer dës liewenswichtig Med-ikamenter, respektiv valabel Alternative verfüegt?
4. Gedenkt d'Regierung, eng Onlineplattform op d'Been ze stellen, fir Informatiounen iwwer Enkpäss bei Medikamenter ëffentlech zougänglech ze maa-chen (änlech wéi déi europäesch Medikamenten-agence EMA dat op hirem Site mécht: <https://www.ema.europa.eu/en/medicines/download-medicine-data#shortages-section>)?
5. A wéi fern ass Lëtzebuerg vu sougenannte „Verdee-lerquoten“ duerch d'Hiersteller vu Medikamenter betrafft? Iwwer wéi eng „Grossisten“ gëtt eist Land be-liwwert?
6. Profitéiert Lëtzebuerg vu sougenannte parallelen „Exportatiounen“?
7. Goufen et am Beräich vun de Verdealerquoten, res-pektiv de parallelen Exportatiounen, déi leschte Jo-ren Entwécklungen, déi negativ Konsequenze fir eist Land haten/hunn?
8. A wéi fern riskéiert sech eng weider Eskalatioun tëscht China an Amerika negativ op d'Hierstellung an d'Disponibilitéit vu Medikamenter auszewirken?

**Réponse (28/09/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

ad 1. Global gesinn ass et an de leschte Joren effektiv ëmmer méi oft zu Enkpäss bei Medikamenter komm, ënnert anerem och zu Lëtzebuerg. Dës huet sech duerch Evenementer wéi dem Brexit, der Pandemie Covid-19 oder dem Konflikt an der Ukrain verschlëm-mert. Dës ass awer wéi gesot e globaalt Phänomeen, dat net aleng Lëtzebuerg betrëfft.

ad 2. Am Fall vun engem Enkpäss fir e gewëssent Medikament, gëtt de Gesondheetsministère doriw-er informéiert. Bis elo war et nach net néideg, spe-ziell Consigner, wat d'Distributioun vu verschiddene Medikamenter ugeet, un d'Apdikte virunzeginn, well ëmmer Alternativen disponibel waren (wéi z. B. am Fall vun Paracetamol, wéi an der Antwort op déi parlamentaresch Fro 6569 erkläert). Dës Infor-matiounen bezüglech enger Rupture de stock ginn awer net automatesch un de grouse Public respektiv un d'Patienten weidergeleet. Aktuell gëtt un enger Platt-form geschafft, déi dës erméigleche soll an esou Bierger iwwer eventuell Indisponibilitéiten informéie-re soll.

ad 3. Am Fall vun enger Urgence kënnen d'Produ-zente Medikamenter fir speziell Besoine liwweren. En Approvisionnement u Medikamenter kann an enger Urgence awer och ëmmer an Zesummenaarbecht mat auslänneschen Autoritéiten séchergestallt ginn.

ad 4. Aktuell existéiert zu Lëtzebuerg keng esou eng Plattform. Am Hierscht 2021 gouf allerdéngs ee Projet „Indisponibilité de médicaments et de produits de santé“ lancéiert, deem ënner anerem d'Mise en place vun enger Onlineplattform virgesäit, änlech wéi déi belsch Plattform pharmastatut.be, déi et erlaabt, d'Leit en temps réel iwwer Indisponibilitéiten vu ver-schiddene Medikamenter ze informéieren.

ad 5. Falls et bei engem Medikament zu engem Enkpass kënn, versichen d'Produzente mat Hëllef vun den nationalen an europäeschen Autoritéiten ze kucken, wou an no wat fir enge Critèren déi rechtlech Medikamenter verdeelt kënnen ginn, soudass d'Patienten an deene kritesche Fäll och matzäite behandelt kënnen ginn.

Generell gesinn ass den Approvisionnement zu Lëtzebuerg fir verschidde Produite méi héich wéi säi reelle Besoin.

Zu Lëtzebuerg ginn et e puer Distributeure vu Medikamenter, déi och eng Autorisation de mise sur le marché hunn.

ad 6. Aktuell huet de Gesondheetsministère keng Informatiounen zu sougenannte parallelen Exportatiounen.

ad 7. Aktuell ginn et net genuch Informatiounen, fir dës Fro kënnen ze beäntweren. Am Kader vum Projet „Indisponibilité de médicaments et de produits de santé“ wäert am Kader vun engem Aarbechtsgrupp eng Analys gemaach gi vun dëser Problematik.

ad 8. All politesch Eskalatiounen kënnen ëmmer en direkten Effekt op d'Produktioun an d'Exportatioun vu Medikamenter hunn an en Enkpass vu verschidene Medikamenter begünstegen. Am Kader vum europäesche Règlement 2022/123 (Règlement (UE) 2022/123 du Parlement européen et du Conseil du 25 janvier 2022 relatif à un rôle renforcé de l'Agence européenne des médicaments dans la préparation aux crises et la gestion de celles-ci en ce qui concerne les médicaments et les dispositifs médicaux) ass säit Januar 2022 eng sougenannte Structure de gouvernance opgestallt ginn, déi eng schnell Reaktioun am Fall vun esou engem Evenement erméiglecht, fir den Impakt op den Approvisionnement vun de Medikamenter sou kleng wéi méiglech ze halen. Bei dëser Structure de gouvernance schafft och Lëtzebuerg aktiv mat.

#### Contrat avec fournisseur de gaz naturel | Question 6641 (10/08/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Mir gouf ee Fall zougedroen, wou eng Persoun an hirem Haus wollt d'Gasheizung duerch eng ëmweltfrëndlech Wärmepompe ersetze loosse, dës awer duerch hiren Kontrakt mat hirem Gasliwwerant verbuede krut. Et handelt sech dobäi awer net, wéi an der Fro N° 6192 beschriwwen, ëm de Gasliwwerant SUDenergie, mee ëm een anere Liwwerant.

Aus den Informatiounen, déi mer virleien, léisst sech erausliesen, dass dës Liwwerant drop behaupt, dass ee ganze Lotissement mat enger Zentralheizung op Basis vun Holzpellets gehëtzt sollt ginn. Dësen Heizsystem ass awer nach net prett a gëtt zënter Joren „iwwergangsweis“ mat Gas gehëtzt, wat bei den aktuellen Gaspräisser fir d'Leit Rechnungen am Wäert vun Honnerten Euro wäert bedeuten. D'Persounen an dësem Lotissement dierfen deemno net op eng Wärmepompe ëmsteigen a mussen esoulaang, wéi de Pelletewien nach net steet, op d'Gasheizung zeréckgräfen.

An deem Zesummenhang wëllt ech de Ministere fir Energie an Ëmwelt, Klima an nohaltege Entwécklung dës Fro stellen:

1. Wéi eng Technologie ass, dem Energieminister no, méi ressourcëschoonend an nohaltege: d'Wärmepompe oder d'Pelletheizung?

2. A wéi enge Situatiounen kënnen d'Leit aktuell dru gehënnert ginn, fir eng Wärmepompe bei sech doheem ze installéieren?

3. Wéi vill Wunnengen hei am Land sinn aktuell an enger änlecher Situatioun, wéi déi am an der Intro beschriwwene Fall, a bei deenen d'Besëtzer aus kontraktuelle Grënn keng Wärmepompe dierfen installéieren?

**Réponse** (28/09/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministere de l'Énergie | **Mme Joëlle Welfring**, Ministere de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Den éierewäerten Deputéierte beschreift e Fall vun engem Lotissement, bei deem déi eenzel Gebaier un eng Zentralheizung iwwert en Nahwärmenetz ugeschloss sinn. Et schéngt also ëm ee Kontrakt ze goen, dee sech op d'Liwwerung vu Wäermt bezitt an net op d'Liwwerung vu Gas, wéi dat an der parlamentarescher Fro Nummer 6192 de Fall war. Fir ze wëssen, wat engem Client seng Méiglechkeeten am konkrete Fall sinn, muss een de spezifesch Kontrakt kennen, well do d'Konditiounen definéiert sinn.

ad 1. D'Wärmepompe an d'Pelletheizung sinn Anlagen, déi et allebéid erlaben, fir Gebaier fossilfräi ze hëtzen. Wärmepompen si besonnesch ressourcëschoonend a Verbindung mat relativ nidderege Virlufttemperaturen (bis 55° C), wéi se virun allem an neien, an a gutt isoléierte Gebaier genotzt ginn. An net esou gutt isoléierte Bestandsgebaier sinn awer oft méi héich Virlufttemperaturen (iwwer 55° C) erfuerdert, soudass een hei éischter op eng Pelletheizung géif setzen, als fossilfräi Alternativ zu enger Gas- oder Masuttsheizung. Eng Zwëschelesung oder och Iwwergangsléiung sinn hybrid Systemer, wou eng Wärmepompe mat enger besteeënder Gas- oder Masuttsheizung (oder all aner Heizung) kombinéiert gëtt (d'Wärmepompe deckt dobäi méi wéi 70 % vum Joreswärmebedarf of), a wann dann d'Gebai renovéiert gëtt (Isolatioun, fir de Wärmebedarf ze reduzéieren) oder een no engem oder zwee Wantere gesäit, dass d'Wärmepompe et eleng packt, da kann déi fossil Heizung ausgebaut ginn (dës Iwwergangsléiung gëtt och am Klimabonus-Subventionsregimm ënnerstëtzt, fir dem Consommateur méiglechst vill Optiounen ze bidden). Fir weider Detailler verweisen ech op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 5306.

ad 2. Leit, déi eng Wärmepompe wëllen installéieren, informéiere sech am beschte bei hirer jeeweileger Gemeng, ob si heifir eng Baugeneemegung mussen ufroen a wéi eng Krittären déi Wärmepompe gegebenefalls muss laut Bauterreglement vun der beträffender Gemeng erfëllen. Bei neie Gebaier gëtt d'Wärmepompe ab dem 1. Januar 2023 zur Referenztechnik a si ass een zentraalt Element, fir eis national Klimaziler am Beräich vun der Dekarboniséierung vun de Gebaier ze erreechen.

Wann eng Wärmepompe un eng geothermesch Buerung gekoppelt gëtt, muss am Virfeld op verschidde geologesch Aspekter, wéi de Schutz vun den Drénkwaasserressourcen oder geotechnesch Risiken opgepasst ginn. Aus dëse Grënn sinn a verschiddene Géigenden am Land geothermesch Buerungen net erlaabt, bezéiungsweis nëmmen ënnert Oplagen erlaabt.

ad 3. Änlech Situatiounen si mir net bekannt.

#### Médicaments génériques | Question 6648 (11/08/2022) de Mme Octavie Modert (CSV)

Och am Medikamenterberäich besti Liwwerenkpass. Fir verschidde Medikamenter ginn et Waardezäiten – jee nodeem wéi dautert et z. B. eng oder zwou Wochen – oder awer d'Medikament ass op länger, wann net souguer op onbestëmmten Zäit vergraff.

Dee Moment kënn natierlech de Generika als Ersatz méi eng grouss Bedeitung zou. Verschidde Wirkstoffer kënnen och zesummegeat ginn.

Eenzel Generika-Medikamenter gi vun der Gesondheetskeess zrëckbezuelt, anerer allerdéngs net. D'Lëscht vun de Substitutionsmedikamenter, déi d'Krankekeess iwwerhëlt, ass restriktiv a limitativ.

An dësem Zesummenhang dränge sech un den Här Minister fir sozial Sécherheet an d'Madamm Gesondheetsministerin dës Froen op:

– Well zënter enger Zäit schonn Enkpass bei de Medikamenter bestinn an dacks op Generika zrëckgegraff muss ginn, ass d'Regierung bereet, fir eng Ausweidung vun der Lëscht vun de Médicaments génériques, déi d'Gesondheetskeess iwwerhëlt, ze plädéieren? Wann net, aus wéi engen Ursachen?

– Wat sinn d'Obligatiounen vun den Apdikter vis-à-vis vun de Patienten, wat Berodung an Informatioun am Kontext vun de Generika betrëfft, souwuel iwwer hir Disponibilitéit, hir Wirkung, souwéi d'Zrëckbezuelen oder net, iwwer den Tiers payant?

De Koalitiounsvertrag 2018 gesäit vir: « le Luxembourg poursuivra ses efforts visant à rendre les médicaments innovants plus facilement accessibles et abordables pour les patients, notamment par la participation du Grand-Duché à l'initiative BeNeLuxA ».

Schon am September 2014 konnt een um Regierungssite liesen iwwer de « prochain lancement de la politique de substitution des médicaments effective à partir du 1<sup>er</sup> octobre 2014. Le lancement sera soutenu par une campagne d'information (sur la substitution des médicaments): “Efficacité et qualité identiques à moindre prix”.

La politique de substitution, prévue par le programme gouvernemental, vise à respecter les intérêts de tous les acteurs impliqués et à garantir le juste équilibre entre un traitement adéquat et efficace d'un côté et la soutenabilité financière du système de santé de l'autre côté.

Le Gouvernement soutient les efforts de l'industrie pharmaceutique en ce qui concerne le développement de médicaments innovants, qui permettent un traitement de haute qualité et un accès équitable à ces médicaments. Néanmoins, une gestion responsable de notre système de santé et de nos ressources budgétaires est tout aussi importante. »

Ech wëllt duerfir folgend weider Froen un d'Ministère stellen:

– Ass d'Substitutionspolitik am Beräich vun de Medikamenter nach ëmmer een Deel vun der Politik vun dëser Regierung?

– Deelen d'Ministère d'Feststellung vun der sektorieller Enquête „Médicaments et pharmacies“ vum Konkurrenzrot vu Juni 2022?

– Deelen d'Ministère den Avis vum Konkurrenzrot, dass « une expansion des médicaments génériques est essentielle, car ils permettent des économies substantielles en matière de sécurité sociale, tout comme une diminution des ruptures de stock »?

– Wat huet sech zanter 2014 an deem Beräich gedoen?

– Wéi vill Medikamenter sinn aktuell zu Lëtzebuerg als Generika zougelosst, mat oder ouni Remboursement?

– Wéi stinn d'Ministère zu folgender Proposition vum Konkurrenzrot:

- « augmenter le nombre de groupes substituables ;
- prescrire en dénomination commune internationale ;
- rémunérer les acteurs de santé qui utilisent des génériques ;
- promouvoir le générique auprès des citoyens et des institutions publiques »?



**Réponse** (28/09/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

De Koalitionsvertrag 2018 gesäit vir datt: „le Luxembourg poursuivra ses efforts visant à rendre les médicaments innovants plus facilement accessibles et abordables pour les patients, notamment par la participation du Grand-Duché à l'initiative BeNeLuxA“.

Dës Initiativ, an där Lëtzebuerg bedeelegt ass, huet als Zil, den Zougang zu Medikamenter ze vereinfachen an och finanziell méi zougänglech ze maachen, haaptsächlech wat déi ganz deier Medikamenter ubelaangt.

An der Liste positive, d. h. der Lëscht vun de Medikamenter, déi vun der Krankeversécherung kënnen iwwerholl ginn, ënnerscheet een tëschent dem Remboursement vun allgemenge Generika-Medikamenter an deenen, déi am Kader vun der Base de remboursement en charge geholl ginn. Et gëtt keng Restriktioun fir Generika-Medikamenter, wann se den allgemenge Präiskonditiounen entspriechen.

Aktuell sti ronn 1.030 Klassen (Classification WHO ATC Niveau 5) vu Medikamenter an der Liste positive (+/- 4.400 eenzel Referenzen).

Ënnert deene sinn eng 230 Klasse Generika-Medikamenter, déi rembourséiert ginn (+/- 1.100 eenzel Referenzen).

8 Klassen dorënner ginn aktuell am Kader vun der Base de remboursement en charge geholl (+/- 100 eenzel Referenzen).

An dëse Klasse kann den Apdikter direkt substituéieren, d. h. an deem Fall kann den Apdikter op Averständnis vum Patient e verschriwwent Markemedikament duerch dat selwecht Generika-Medikament ersetzen.

Déi 8 Klasse resultéieren aus der „liste des groupes de médicaments, appelés groupes génériques“ (Code de la sécurité sociale art. 22bis), déi vun der Direction de la santé opgesat ass. Et handelt sech dobäi ëm verschidde Medikamenter géint en ze vill héije Cholesterol a Medikamenter géint gastroösophagiale Reflux a géint gastroduodenale Ulcères.

Et gëtt keng spezifesch Lëscht vun de Médicaments génériques, déi d'Gesondheitskeess iwwerhëlt.

Falls den Dokter e Markemedikament verschreift, dat zu deem Moment net disponibel ass, kann den Apdikter no Réckprooch mam Dokter dem Patient en équivalente Générique proposéieren, deen op der Liste positive ass.

De Mechanismus vum Tiers payant assuréiert, datt all Assuré, onofhängeg vu senger finanzieller Méiglechkeeten, en Zougang zu de Medikamenter kritt, haaptsächlech déi, déi méi héich Präisser hunn, andeems d'Gesondheitskeess den Deel vun der Krankeversécherung direkt iwwerhëlt. Dee Mechanismus kann och keng Obligatioun mat sech bréngen, wat Berodung an Informatioun iwwer d'Generika betrëfft.

Doriwwer eraus gesäit de Code vun der sozialer Sécherheet a sengem Artikel 22bis Alinea 5 vir: « Par dérogation à l'article 5 du règlement N° IV dénommé "sur les devoirs spéciaux des pharmaciens et droguistes" de l'arrêté royal grand-ducal du 12 octobre 1841 portant règlement du service médical, le pharmacien informe l'assuré lors de la délivrance du médicament qu'il s'agit d'un médicament inscrit sur la liste des groupes de médicaments soumis à une base de remboursement et lui propose une substitution par le médicament le plus économique du même groupe. »

Global kann ee soen, datt d'Steigere vu méiglechen Alternativen dozou bäidroen kann, den Enkpass vu

Medikamenter ze reduzéieren, allerdéngs ass et awer esou, datt et meeschtens déi geneeresch Medikamenter sinn, déi vun Enkpäss betraff sinn. Och wa méi geneeresch Medikamenter um Lëtzebuergesche Marché ugebuede ginn, brénkt dat net onbedéngt mat sech, dass et zu manner Rupture de stock kënnt.

**Réduction de la demande d'énergie de l'État et des communes** | Question 6655 (12/08/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Verschidden europäesch Länner, wéi Éisträich a Spuenien, hu konkret Spuermoossnamen ugekënnegt, wat hire Gas- an Elektreschkonsum ugeet. Deemno dierfe staatlech Gebaier manner gekillt oder gehëtzt an och manner beliicht ginn, fir Energie ze spueren. D'Reduktioun vun der Beliichtung (Fassadebeliichtung grad ewéi Stroossebeliichtung) huet hei de Virdeel, dass se och d'Lichtverschmutzung reduzéiert an doduerch besser fir eis lokal Déierewelt ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Energie, Interieur an ëffentlech Aarbechten dës Fro stellen:

1. Wéi steet d'Regierung zur Aspuerung vu Beliichtung op Gemengenniveau op d'mannst bis zum Enn vun der Energiekris?

2. Wéi eng aner Energieaspuerunge (Stroum, Gas, Mazout, ...) wieren an de Gemengegebaier an den Hierscht- a Wanterméint ëmsetzbar?

3. Wéi steet d'Regierung zu weideren Aspuerunge vun der Beliichtung an de Gebaier vum Staat, op d'mannst bis zum Enn vun der Energiekris?

4. Wéi eng Energieaspuerunge (Stroum, Gas, Mazout, ...) wieren an den ëffentleche Gebaier hei an den Hierscht- a Wanterméint ëmsetzbar?

5. Wäerten d'Ministernen heizou eng Circulaire un d'Gemengen an d'staatlech Administratiounen schécken?

**Réponse** (15/09/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

Am Kontext vun der aktueller Situatioun um Energie-maart sollen an allen EU-Memberstaaten 15 % vum Gasverbrauch agespuert ginn, an der Period vum 1. August 2022 bis den 31. März 2023, am Verglach zur selwechter Period an deene fënnf Joer virdrun. Déi konkret Mesuren, déi zu deenen Aspuerunge solle féieren, ginn am September vun der Regierung kommunizéiert (Pressekonferenz den 8. September zur Virstellung vun der nationaler Energiespuercampagne „Zesumme spueren – zesummenhalen“).

D'Noter vu Staatsgebaier gi vun der Regierung duerch eng Circulaire opgefuerdert, fir net sécherheetsrelevant Baussebeliichtungen no Méiglechkeet auszuschalten.

Bei neie Projeten hält d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten sech un de Leitfaden „Gutes Licht im Aussenraum“, dee vum Ëmweltministerium verëffentlecht gouf. Hei gëtt vu virera probéiert, d'Baussebeliichtung op e Minimum ze reduzéieren.

Op Basis vum Energiespuerprogramm vum Staat bei den ëffentleche Gebaier ass am September vun de Ministernen eng Note „d'instruction“ betreffend d'Ëmsetzung vun de Spuermoossnamen un all déi ëffentlech Institutiounen verschéckt ginn, déi ënnert hirer respektiver Tutelle stinn.

Den Inneministère huet an Zesummenaarbecht mam Energie- a Landesplanungsministère, dem

Wunnungsbauministère an dem Familljeministère de 5. August 2022 eng Circulaire (N° 4168) un d'Gemenge verschéckt, fir hinnen éischt Informatiounen zoukommen ze loossen. De Gemengesector wäert an den nächste Wochen a Méint och weiderhi vum Staat begleet ginn, fir Moossnamen ëmzesetzen.

**Chambres à café** | Question 6660 (16/08/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Il me revient qu'un certain nombre de chambres à café ont dû être fermées ces derniers temps à travers le pays pour les raisons les plus diverses, en particulier à cause de problèmes d'insalubrité et de sécurité. Il va sans dire que cette triste réalité renforce les problèmes d'hébergement des citoyens concernés.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Logement :

1) Monsieur le Ministre peut-il présenter le parc des logements destinés à une personne et mis à disposition par les acteurs les plus divers tels le Fonds du logement, la SNHBM ou encore les communes ?

2) Comment se présente la collaboration entre le Ministère et l'Agence immobilière sociale dans ce contexte ? Quels en sont les résultats ?

3) Monsieur le Ministre est-il en mesure de quantifier tout particulièrement la situation spécifique dans les cantons du Nord, en termes d'offre et de demande pour ce genre de logement ? Par quels leviers peut-on réussir à améliorer les choses ? Des échanges avec les partenaires compétents ont-ils déjà eu lieu ?

**Réponse** (16/09/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre du Logement

En vertu de la loi du 20 décembre 2019 relative aux critères de salubrité, d'hygiène, de sécurité et d'habitabilité des logements et chambres donnés en location ou mis à disposition à des fins d'habitation, la fermeture des « chambres à café » à cause de problèmes d'insalubrité et de sécurité relève de la compétence des communes auprès desquelles la mise en location de chambres doit être déclarée au préalable.

Conformément à l'article 5 de cette loi, en cas de décision de fermeture, il appartient à l'exploitant, voire au propriétaire, de pourvoir au relogement des occupants. À défaut, le bourgmestre y pourvoit pour le compte et aux frais du propriétaire ou de l'exploitant. Les coûts liés au relogement comprennent les frais de déménagement, les frais d'huissier et les frais de loyers qui en résulteraient. Le relogement des occupants concernés par une fermeture au sens de l'alinéa 1<sup>er</sup> doit être pris en charge par le propriétaire ou l'exploitant pour une durée maximale de trois mois. Par la suite, le loyer est de nouveau à charge des personnes relogées.

Dans ce contexte, je me permets d'apporter les précisions suivantes aux questions posées par le député.

Actuellement, le Ministère du Logement ne dispose que des informations en provenance de la SNHBM et du Fonds du Logement pour ce qui est de la typologie des logements mis en location.

Ainsi, les deux promoteurs publics, Fonds du logement et SNHBM, disposent de 170 logements locatifs pouvant être occupés par des personnes individuelles et 664 logements pouvant être occupés par une personne ou un couple.

Il n'y a pas de collaboration particulière du Ministère avec l'Agence immobilière sociale dans ce contexte, étant donné que les acteurs de la gestion locative sociale ne jouent pas un rôle spécifique dans le

PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L - 3208 BETTEMBOURG

relogement des personnes ayant perdu leur logement suite à une décision de fermeture.

Évidemment, le Ministère soutient plus particulièrement une trentaine d'acteurs mettant en œuvre la gestion locative sociale dans leurs efforts de mobiliser des logements du marché privé en vue d'une mise à disposition à des personnes qui vivent des problèmes pour se loger décemment. (voir sous : <https://logement.public.lu/fr/locataire/gestion-locative-sociale.html>)

Ainsi, l'État participe aux frais de gestion de ces acteurs à raison d'un forfait de 120 € par mois et par logement géré. S'y ajoute un forfait supplémentaire par contrat pour les logements gérés en colocation.

Actuellement, quelque 1.100 logements sont mis à disposition de cette manière dont plus de 220 dans les cantons de la circonscription Nord (20 %).

Pour ce qui est de la région visée, le Ministère soutient plus particulièrement les offices sociaux du Resonord, de la Nordstad et de Wiltz ainsi que la Ville de Diekirch dans leurs démarches de mobiliser des logements dans le cadre de la gestion locative sociale. Des échanges ont lieu régulièrement avec tous les acteurs de la GLS, par exemple récemment lors des ateliers organisés par le Ministère lors des Assises du logement en mai 2022.

**Vaccin Monkeypox** | Question 6661 (16/08/2022)  
de **M. Sven Clement** (Piraten)

De 25. Juli huet de Conseil des maladies infectueuses eng iwwerschaafte Recommandatioun zum Asaz vum

Monkeypox Vaccin verëffentlecht. Lëtzebuerg krut 1.400 Dosen, fir d'Krankheet ze bekämpfen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Gesondheet dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung dës Recommandatiounen an alle Punkten nokommen?

Wann nee, wéi eng Recommandatiounen wieren hei betraff a firwat?

2. Huet Lëtzebuerg genuch Vaccinen, fir dës Recommandatiounen an der Praxis all ëmzesetzen? Wann nee, wéi vill Vaccine braucht Lëtzebuerg, fir all deenen am Avis vum Conseil des maladies infectueuses genannte Persounengruppen eng Impfung ze offeréieren?

3. No wat fir enge Krittäre gouf decidéiert, wéi vill wéi een EU-Land u Vaccin kritt? Wéi gouf d'Fro nom Besoin hei definéiert?

**Réponse** (18/08/2022) de **Mme Paulette Lenert**,  
Ministre de la Santé

D'Regierung huet den 2. August 2022 decidéiert, d'Recommandatioun vum Conseil supérieur des maladies infectieuses vum 25. Juli fir d'Impfung géint Monkeypox ëmzesetzen. D'Impfung huet och an deem Sënn de 16. August am Service national des maladies infectieuses ugefaangen.

Lëtzebuerg krut iwwert den europäesche Mechanismus vum „Joint Procurement“ via d'Health Emergency Response Authority (HERA) 1.440 Dosen Impfstoff an enger éischter Liwwerung, obwuel Lëtzebuerg initial 2.500 Dose gefrot hat. Dës ass ze erklären, well d'Dosen nom pro rata vun der Bevëlkerung zwëschen den

EU-Länner verdeelt goufen. An Europa goufe sechs Länner (z. B. Frankräich an Däitschland) prioritär beliwwert, well d'Epidemie bei hinnen ugefaangen huet a si initial vill méi Fäll haten. Lëtzebuerg war bei der zweeter Ausliwwerung dobäi.

Eng weider Liwwerung vu Vaccin ass fir Enn des Joers virgesinn, woubäi nach kee genaue Liwwerdatum a keng genau Quantitéit vu Vaccin bekannt ass. Et ass och méiglech, dass verschidde Länner hir Dosen net all opbrauchen a si déi dann anere Länner zur Verfügung stellen.

Et ass aktuell net méiglech genau ze soen, ob Lëtzebuerg genuch Impfstoff huet, fir all d'Leit, déi vum Avis vum CSMI viséiert sinn, ze impfen, well et keng genau Statistiken iwwert d'Risikogruppe gëtt, a well dat vill vun der Impfbereitschaft vun de betraffene Leit ofhänkt. Frankräich huet eng Estimatioun opgestallt, no där si 250.000 Leit sollten impfen; dës wier erofgerechent fir Lëtzebuerg (eis Populatioun ass ongeféier 100-mol méi kleng) eng ronn 2.500 Leit. Och wann a Frankräich d'Impfung elo schonn säit e puer Woche leeft, hunn sech bis elo awer manner wéi 40.000 Leit impfe gelooss. Zwëschen der Estimatioun an der Realitéit um Terrain läit also hei eng grouss Differenz.

D'Europäesch Medikamentenagence EMA ass och amgaangen ze evaluéieren, ob een aneren Administratiounsmodus et erlabe kéint, mat enger méi klenger Dosis pro Persoun ze impfen an doduerch eng méi grouss Unzuel u Leit am Ganze kënnen ze impfen. Falls d'EMA an deem Sënn eng Recommandatioun géif maachen, géif Lëtzebuerg déi aller Warscheinlechkeet no och iwwerhuelen.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\*

☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\*

☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfille beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeën ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

**PORT PAYÉ**  
**PS/799**



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-05

Nouvelles lois

p. 06-09

Séances publiques n<sup>os</sup> 68-70

p. 09-71

Questions au Gouvernement

p. 71-99

2021-2022

# N°24

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-05

Nouvelles lois ..... p. 06-09

Séances ..... p. 09-71

68<sup>e</sup> séance du mercredi 13 juillet 2022 ..... p. 09-28

69<sup>e</sup> séance du mercredi 13 juillet 2022 ..... p. 29-49

70<sup>e</sup> séance du jeudi 14 juillet 2022 ..... p. 49-71

Questions au Gouvernement ..... p. 71-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

09/03/2023

#### Concept et layout :

brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





Visite du « Mënscherechtshaus »

## Échange de vues avec l'OKaju, le CET et la CCDH

Afin de se faire une idée concrète du fonctionnement du « Mënscherechtshaus », le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, a visité les locaux situés au numéro 65, route d'Arlon à Luxembourg. Il était accompagné à cette occasion du Secrétaire général de la Chambre, M. Laurent Scheeck, et du Secrétaire général adjoint, M. Benoît Reiter.

Le « Mënscherechtshaus » réunit actuellement trois entités : l'OKaju (Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher) et le CET (Centre pour l'égalité de traitement), deux organes étatiques rattachés à la Chambre des Députés depuis 2020 respectivement 2017, ainsi que la Commission consultative des droits de l'homme (CCDH), un organe consultatif du Gouvernement. Les

représentants de la Chambre ont pu rencontrer tous les collaborateurs présents et participer à plusieurs réunions de travail.

Lors d'un premier échange avec l'OKaju, M. Charel Schmit, et ses collaborateurs, celui-ci a présenté l'évolution de l'ORK (Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand) depuis sa création en 2002, et notamment la naissance en 2020 de l'OKaju actuel. Les discussions ont porté sur le fonctionnement, les missions, les défis et les perspectives de cet organe. La délégation parlementaire a ensuite rencontré le Président du CET, M. Patrick Hurst, ainsi que sa directrice, Mme Nathalie Morgenthaler, et les membres du personnel. Au cours de cet échange, la situation actuelle et les doléances du CET lui ont été exposées. Une réunion jointe de la délégation avec l'OKaju et le CET a permis aux participants de discuter des relations entre la Chambre des Députés et ces organes, et des moyens et dispositions futures pour renforcer ces derniers. « La Chambre des Députés est forte en tant qu'institution parce qu'elle peut compter sur des partenaires forts comme les organismes étatiques indépendants rattachés au parlement », s'est réjoui M. Etgen. À la fin de la visite, la délégation a pu rencontrer la Vice-Présidente de la Commission consultative des droits de l'homme, Mme Noémie Sadler, et la Secrétaire générale, Mme Fabienne Rossler.

Le Président de la Chambre a félicité et remercié les différentes équipes pour leur travail précieux. « La Chambre des Députés et les acteurs du "Mënscherechtshaus" ont un but commun : une meilleure protection des droits de chacun au sein de notre démocratie », a conclu M. Etgen.



*Les différentes équipes du « Mënscherechtshaus » ont accueilli une délégation de la Chambre des Députés composée du Président, du Secrétaire général et du Secrétaire général adjoint.*

## La CSSF accueille la Commission des Finances et du Budget

L'actualité de la place financière ainsi que le fonctionnement et l'évolution de la Commission de surveillance du secteur financier (CSSF) étaient au cœur d'une entrevue entre les députés membres de la Commission des Finances et du Budget et les dirigeants de la CSSF, dont le Directeur général, M. Claude Marx (3<sup>e</sup> à gauche), le 27 février 2023.





Session d'hiver de l'Assemblée parlementaire de l'OSCE

## « L'ambiance de cette session était plus que tendue »

Un an après le début de l'attaque russe en Ukraine, la session d'hiver de l'Assemblée parlementaire de l'Organisation pour la sécurité et la coopération en Europe (OSCE), qui s'est tenue le 24 février 2023 à Vienne et qui était consacrée à cette guerre, a fait parler d'elle en raison de la présence d'une délégation russe.

Le Président de la délégation luxembourgeoise, M. Gusty Graas, a pris la parole pour condamner l'invasion russe. Il était accompagné du Vice-Président de la délégation, M. Jean-Marie Halsdorf, de M. Dan Biancalana et de Mme Josée Lorsché, membres effectifs, ainsi que de M. Charles Margue, membre suppléant. Les députés luxembourgeois se sont par ailleurs réunis avec la délégation ukrainienne en marge de la session.

**M. Graas, vous avez sollicité la parole lors de la session d'hiver de l'Assemblée parlementaire de l'OSCE le 24 février à Vienne. Pourquoi cette démarche ?**

M. Gusty Graas : « Il était crucial pour notre délégation de profiter de cette occasion pour condamner fermement l'invasion russe. Une délégation russe étant présente, l'ambiance à cette assemblée parlementaire était plus que tendue. Les déclarations des participants de la Russie et de la Biélorussie en session étaient choquantes : ils ont ouvertement accusé les Européens d'être des nazis. Face à ces dénonciations, bon nombre de participants ont quitté la salle. Il est important de boycotter ce genre de déclarations. »

**Pendant longtemps, différentes assemblées parlementaires pratiquaient une politique qui consistait à accepter une présence russe dans le but de maintenir des canaux de discussion permettant un dialogue avec la Russie. Cet argument n'est-il plus valable ?**

« Il ne faut pas oublier que la Russie a été exclue de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe. À ce stade, ce dialogue interparlementaire n'est plus



Les députés luxembourgeois se sont réunis avec leurs homologues ukrainiens le 23 février 2023, en marge de la session d'hiver de l'Assemblée parlementaire de l'OSCE.

possible. Certes, nous espérons trouver une solution diplomatique. Nous ne devons pas fermer complètement toutes les portes. Par contre, la condition sine qua non pour que les Russes puissent réintégrer les assemblées internationales est qu'ils acceptent qu'un tribunal spécial juge les crimes de cette guerre. »

**La délégation ukrainienne n'a pas participé aux séances auxquelles des représentants russes étaient présents. Vous avez sollicité une entrevue à part avec vos homologues ukrainiens. Quel était votre message ?**

« Nous leur avons fait part de notre soutien absolu, que ce soit sur le plan militaire ou politique. Il est important de leur donner – à terme – une perspective au sein de l'Union européenne. L'entrevue était très

intéressante. Les Ukrainiens nous ont présenté une demande de révision des statuts de cette assemblée parlementaire. Ils proposent de pouvoir suspendre la Russie sans l'exclure définitivement. Cette démarche démontre que les Ukrainiens font preuve de grandeur. Nous soutenons leur proposition. »

**Quel rôle le Luxembourg en tant que petit pays peut-il jouer dans cette guerre ?**

« Nous avons ressenti une vraie reconnaissance de la part des Ukrainiens pour les engagements que le Grand-Duché a pris jusqu'à présent. Il ne faut pas oublier l'apport politique de notre pays à la cause ukrainienne. La voix du Luxembourg est entendue, c'est ce qu'ils nous ont confirmé. Et c'est pour cette raison que notre délégation a pris la parole lors de la session. »

## „Fir méi ewéi 94 % vun de seelene Krankheete gött et aktuell nach keng Heelung“



De Chamberspresident, den Här Fernand Etgen, an de President vun der Gesondheetskommissioun, den Här Mars Di Bartolomeo, hunn den 21. Februar 2023 Vertrieeder vun der ASBL „ALAN – Maladies Rares Luxembourg“ empfaangen an e Positiounsdokument iwwerreecht kritt mat siwe Proposen, wéi d'Hëllef fir Mënsche mat enger seelener Krankheet ka verbessert ginn.

D'ALAN an hir Partnerorganisatiounen setzen sech dofir an, datt seele Krankheeten zu Lëtzebuerg als eng Prioritéit vun ëffentlecher Gesondheet wouergeholl ginn.

Si fuerderen och, datt e weidere sougenannte Plan national maladies rares 2024–2028 direkt un deem aktuelle Plang uschléisst, deem em ee Joer verlängert gouf, fir déi negativ Auswierkunge vun der Covid-19-Kris ze kompenséieren.

Troisième édition du « Pairing Scheme » : visite du Campus de Belval

## La science au service de la politique

Rapprocher les mondes politique et scientifique – c'est dans ce but que le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, ainsi que plusieurs députés ont rencontré des représentants de l'Université du Luxembourg, du Fonds national de la recherche (FNR), du Luxembourg Institute of Science and Technology (LIST), du Luxembourg Institute of Health (LIH) et du Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER) au campus de Belval le 24 février 2023. Leur visite s'inscrit dans la troisième édition du « Pairing Scheme », un programme d'échange qui met en contact chercheurs et députés.

La Chambre des Députés s'investit dans différents partenariats afin de soutenir activement la recherche scientifique. « Si nous partageons nos visions, nos stratégies et notre savoir, alors la recherche interdisciplinaire nourrit et fait avancer le travail législatif », a

affirmé le Président de la Chambre lors des discussions à la Maison des sciences humaines de l'Université du Luxembourg. La troisième édition du « Pairing Scheme » a créé le cadre pour ces discussions avec, entre autres, le Prof. Jens Kreisel, Recteur de l'Université, M. Marc Schiltz, Secrétaire général du FNR, M. Ulf Nehrass, CEO du LIH, M. Eric Dubois, Strategy Manager auprès du LIST, et M. Eugenio Peluso, responsable du département « Living Conditions » auprès du LISER.

Un des sujets abordés concernait les perspectives d'avenir de la coopération entre la Chambre des Députés et ses partenaires du monde scientifique. Le point fort de cette édition du « Pairing Scheme » sera le colloque « Megatrends 2050 » sur les sujets d'avenir. Celui-ci aura lieu les 4 et 5 mai 2023 et sera accessible au grand public.

Le parlement luxembourgeois dispose de sa propre cellule scientifique qui encadre le « Pairing Scheme ». Le champ d'action de cette entité créée en septembre 2021 est d'agir à l'interface des mondes politique et scientifique. Son objectif est de mettre à disposition des députés toutes les informations nécessaires pour qu'ils soient en mesure de juger de thématiques complexes et de créer ainsi des concepts et options d'un travail parlementaire moderne.

En plus de ces activités, la Chambre des Députés soutient activement la recherche sur le parlementarisme. La Chaire de recherche en études parlementaires, dirigée par le Prof. Philippe Poirier, bénéficie d'un soutien politique et financier de la part du parlement luxembourgeois depuis 2011. Cette collaboration a été prolongée récemment par la signature de la convention pluriannuelle 2022-2026.



*Au cours de son intervention, le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, a souligné l'importance des différents partenariats dans lesquels la Chambre s'investit pour soutenir activement la recherche scientifique.*



## Le Président de la Chambre des Députés a reçu...

*... S. E. M. Pedro Sousa e Abreu, Ambassadeur de la République portugaise*



## Recours contre les sanctions administratives communales

**7124 – Projet de loi portant modification : 1° de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif ; 2° de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de la procédure devant les juridictions administratives ; en vue de l'institution d'un recours contre les décisions de sanctions administratives communales**

Le présent projet de loi, instituant un recours contre les décisions de sanctions administratives communales, trouve sa justification dans le projet de loi n° 7126 relatif aux sanctions administratives communales déposé par le Ministre de l'Intérieur.

Le projet de loi précité prévoit qu'une amende administrative peut être infligée au citoyen par une autorité administrative relevant du Ministère de l'Intérieur. Cette autorité est désignée par les termes « fonctionnaire sanctionnateur ». Contre cette décision, le citoyen concerné doit pouvoir exercer un recours en pleine juridiction devant une juridiction administrative.

Ainsi il a été décidé de doter le tribunal administratif d'une procédure simplifiée, rapide et peu coûteuse tout en respectant les droits fondamentaux et en particulier le principe du contradictoire.

Cette procédure présente quelques particularités comme la dispense pour les parties de se faire représenter par un avocat à la Cour, le caractère oral de la procédure, la composition du tribunal administratif qui siège à juge unique et l'absence de voies de recours contre la décision du tribunal administratif.

Dépôt par M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 21/03/2017

Rapporteur : M. Dan Biancalana

Travaux de la Commission de la Justice

(Président : M. Charles Margue) :

06/03/2017 Présentation de l'avant-projet de loi

08/06/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation et examen du projet de loi

Examen des amendements gouvernementaux

Examen des avis du Conseil d'État

06/07/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 13/07/2022

Loi du 27 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 401, page 1

générale n'est souvent pas sanctionné. Cet état des choses suscite un sentiment d'impunité chez les auteurs et un désarroi auprès de la population respectueuse des règles de la vie sociale.

Face au besoin des communes de disposer d'un instrument leur permettant de lutter contre la petite délinquance, les actes de vandalisme et autres incivilités que le droit pénal et les organes répressifs ne permettent plus d'endiguer efficacement, le projet de loi se propose de répondre à ce problème par l'introduction d'un système de sanctions administratives. Il vise à valoriser le rôle de l'agent municipal, à décharger la Police grand-ducale et la Justice, à établir une liste d'infractions mineures sanctionnées par des amendes administratives et à introduire une procédure de sanctions administratives, tout en garantissant les droits de la défense.

Dépôt par M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur, le 04/04/2017

Rapporteuse : M. Dan Biancalana

Travaux de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes

(Président : M. Dan Biancalana) :

06/03/2017 Présentation de l'avant-projet de loi

07/12/2017 Désignation d'un rapporteur

Examen de l'avis du Conseil d'État

02/04/2021 Présentation du projet de loi

Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

23/11/2021 Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État

Adoption d'une série d'amendements parlementaires

09/06/2022 Désignation d'un nouveau rapporteur

Examen du troisième avis complémentaire du Conseil d'État

06/07/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 13/07/2022

Loi du 27 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 400, page 1

## Média de service public 100,7

**7749 – Projet de loi portant organisation de l'établissement public « Média de service public 100,7 » et portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques**

Le projet de loi 7749 portant organisation de l'établissement public « Média de service public 100,7 » et portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques vise à renforcer le cadre légal qui sous-tend les activités de l'établissement de radiodiffusion socioculturelle actuel, communément dénommé « Radio 100,7 », dénominations qui seront adaptées par la présente loi en projet.

Le projet de loi sous rubrique vise à doter l'établissement de radiodiffusion socioculturelle actuel d'une loi spécifique de référence précisant son organisation et son fonctionnement tout en apportant quelques innovations à ces derniers. Il est ainsi instauré un conseil des auditeurs dont la mise en place vise à institutionnaliser le dialogue avec le public. De plus, la définition des activités à poursuivre dans le cadre de l'accomplissement de sa mission de service public permettra au « Média de service public 100,7 » à étendre l'éventail des contenus à produire tenant compte des évolutions au sein du paysage médiatique en ce qui concerne notamment le développement des contenus digitaux.

Dépôt par M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias, le 20/01/2021

Rapporteur : M. Pim Knaff

Travaux de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

(Président : M. Guy Arendt) :

20/04/2021 Présentation et examen du projet de loi

04/01/2022 Désignation d'un rapporteur

Examen de l'avis du Conseil d'État

## Sanctions administratives et compétences des agents municipaux

**7126 – Projet de loi relative aux sanctions administratives communales, à l'élargissement des compétences des agents municipaux et modifiant : 1° le Code pénal ; 2° le Code de procédure pénale ; 3° la loi modifiée du 28 juin 1976 portant réglementation de la pêche dans les eaux intérieures ; 4° la loi modifiée du 21 novembre 1984 a) portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg, d'une part, et les Länder de Rhénanie-Palatinat et de la Sarre de la République Fédérale d'Allemagne, d'autre part, portant nouvelle réglementation de la pêche dans les eaux frontalières relevant de leur souveraineté communale, signée à Trèves, le 24 novembre 1975 ; b) complétant l'article 1<sup>er</sup> B II de la loi du 26 février 1973 portant extension de la compétence des tribunaux de police en matière répressive ; 5° la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ; 6° la loi modifiée du 9 mai 2008 relative aux chiens ; 7° la loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets ; 8° la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale**

Le maintien de la sécurité, de la tranquillité et de la salubrité publiques est une mission historique et fondatrice des communes. Leur compétence en ces matières se traduit par le droit du conseil communal de prendre des règlements communaux de police générale. S'agissant du respect de ceux-ci, le pouvoir de l'agent municipal se trouve actuellement limité aux contraventions en matière de stationnement, d'arrêt et de parage et, en plus, s'arrête avec la constatation de l'infraction par l'établissement d'un avertissement taxé.

La Police grand-ducale ne dispose pas de suffisamment de moyens pour être efficacement au service des missions communales et les autorités judiciaires classent bien souvent sans suite des infractions qu'elles considèrent comme d'importance mineure. En conséquence, le non-respect des règlements communaux de police

22/03/2022 Adoption d'une série d'amendements parlementaires  
21/06/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 13/07/2022

Loi du 12 août 2022

Mémorial A : 2022, n° 460, page 1

## Régime autonome applicable aux procureurs européens délégués

**7759 – Projet de loi modifiant le Code de procédure pénale aux fins de la mise en œuvre du règlement (UE) 2017/1939 du Conseil du 12 octobre 2017 mettant en œuvre une coopération renforcée concernant la création du Parquet européen**

Le règlement (UE) 2017/1939 du Conseil du 12 octobre 2017 mettant en œuvre une coopération renforcée concernant la création du Parquet européen (ci-après « le règlement ») institue une instance européenne indépendante disposant, pour la première fois, de compétences judiciaires propres en matière pénale.

Organe doté de la personnalité juridique, le Parquet européen sera compétent pour rechercher, poursuivre et renvoyer en jugement les auteurs et complices des infractions pénales portant atteinte aux intérêts financiers de l'Union, telles que prévues par le règlement et définies par la directive du 5 juillet 2017 relative à la lutte contre la fraude portant atteinte aux intérêts financiers de l'Union au moyen du droit pénal, dite « directive PIF ». En pratique, il pourra notamment s'agir d'escroqueries à la TVA, de faits de corruption portant atteinte aux intérêts financiers de l'Union, de détournement de fonds publics européens, de blanchiment d'argent en lien avec une infraction portant atteinte aux intérêts financiers de l'Union et de certains délits douaniers, mais également d'infractions indissociablement liées à ces dernières.

Le Parquet européen reposera sur une structure à double niveau afin de garantir à la fois une politique pénale homogène à travers les États participants et une intégration efficiente au sein des systèmes judiciaires nationaux. À l'échelon central, le Parquet européen sera composé du chef du Parquet européen et des vingt-deux procureurs européens, un par État membre participant.

Le bureau central reposera sur deux organes distincts : le collège et les chambres permanentes. Le collège sera chargé du suivi général des activités, de la définition de la politique pénale, ainsi que des questions générales soulevées par des dossiers particuliers, notamment en vue d'assurer la cohérence et l'efficacité, dans l'ensemble des États membres, des actions du Parquet européen. Il ne prendra pas en revanche de décisions opérationnelles dans des dossiers particuliers.

Les chambres permanentes, composées de procureurs européens, quant à elles, superviseront et dirigeront les enquêtes et les poursuites menées par les procureurs européens délégués en décidant notamment de classer une affaire sans suite, d'appliquer une procédure simplifiée ou encore de la renvoyer devant les juridictions nationales. Elles seront également chargées de la coordination des enquêtes et des poursuites dans les dossiers transfrontaliers, ainsi que de la mise en œuvre des décisions adoptées par le collège.

À l'échelon décentralisé, au sein de chaque État membre participant, des procureurs européens délégués seront chargés du suivi opérationnel des enquêtes et des poursuites. Ils agiront au nom du Parquet européen dans leur État membre respectif à partir des orientations et des instructions de la chambre permanente chargée de l'affaire et du procureur européen chargé de la surveillance.

Investis, conformément à l'article 13 du règlement, des mêmes pouvoirs que les procureurs nationaux dans le domaine des enquêtes, des poursuites et de la mise en état des affaires, les procureurs européens délégués seront responsables des enquêtes et des poursuites qu'ils engageront, qui leur seront confiées ou dont ils se saisiront en exerçant leur droit d'évocation. Ils seront également responsables de la mise en état des affaires et soutiendront l'accusation aux audiences devant les juridictions nationales. Ils pourront exercer les voies de recours existantes conformément au droit national.

Le procureur européen assurera la surveillance des enquêtes et des poursuites dont sont responsables les procureurs européens délégués chargés de l'affaire dans leur État membre d'origine. Le terme « surveillance » doit ici s'entendre comme désignant un suivi plus étroit et régulier des enquêtes et des poursuites, y compris, lorsque c'est nécessaire, le fait d'intervenir et de donner des instructions sur des questions relatives aux enquêtes et aux poursuites.

Des adaptations procédurales sont nécessaires pour encadrer la conduite des enquêtes et poursuites menées par les procureurs européens délégués, respectivement par le procureur européen, devant les juridictions luxembourgeoises.

Le projet de loi n° 7959 vise donc la mise en place d'un régime procédural autonome, prévoyant tant des pouvoirs d'enquête propres aux procureurs européens délégués qu'un régime procédural spécifique venant régler les rapports entre le procureur européen délégué et le juge d'instruction au cas où son intervention est requise.

Il y a lieu, pour la mise en œuvre du régime autonome applicable aux procureurs européens délégués, de reprendre les dispositions existant actuellement pour le juge d'instruction, tout en les adaptant en conséquence. Cette approche, plutôt que d'opérer des renvois aux articles et sections correspondants du chapitre du Code de procédure pénale relatif au juge d'instruction, présente tout d'abord l'avantage direct et évident d'organiser la procédure de manière claire et précise sans qu'il ne soit nécessaire de courir un risque d'interprétation de dispositions conçues pour le juge d'instruction, mais mises en œuvre par le procureur européen délégué. Elle présente en outre le mérite de consacrer visiblement l'autonomie du régime procédural applicable aux enquêtes menées par le Parquet européen.

La mise en œuvre du régime procédural autonome aura pour conséquence que le procureur européen délégué pourra œuvrer à trois niveaux différents : d'abord, avec les pouvoirs qui sont accordés en droit national au procureur d'État dans le cadre d'une enquête, ensuite, avec les pouvoirs qui sont ceux d'un juge d'instruction en droit national dans le cadre d'une instruction et finalement, lorsqu'il s'agit de prendre des mesures coercitives, son intervention est uniquement possible sur base d'une décision du juge d'instruction national prise sur réquisition du procureur européen délégué.

Dépôt par Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 01/02/2021

Rapporteuse : Mme Stéphanie Empain

Travaux de la Commission de la Justice

(Président : M. Charles Margue) :

|            |                                                                 |
|------------|-----------------------------------------------------------------|
| 10/02/2021 | Désignation d'un rapporteur                                     |
|            | Présentation et examen du projet de loi                         |
| 05/05/2021 | Examen de l'avis du Conseil d'État                              |
| 09/06/2021 | Présentation et examen d'une série d'amendements parlementaires |
| 29/09/2021 | Adoption d'une série d'amendements parlementaires               |
| 11/05/2022 | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État               |
|            | Adoption d'une série d'amendements parlementaires               |
| 29/06/2022 | Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État        |
| 06/07/2022 | Présentation et adoption d'un projet de rapport                 |

Vote en séance publique : 13/07/2022

Loi du 22 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 428, page 1

## Modification de la loi électorale pour les élections communales

**7877 – Projet de loi portant modification : 1° de la loi électorale modifiée du 18 février 2003 ; 2° de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques**

Le présent projet de loi modifie la loi électorale modifiée du 18 février 2003. Ces modifications visent notamment l'abolition de la clause de résidence de cinq ans pour les ressortissants étrangers désirant s'inscrire sur les listes électorales pour les élections communales et le report du délai pour s'inscrire sur lesdites listes. L'objectif de ces modifications est de faciliter la participation des ressortissants étrangers aux élections communales. En outre, des modifications ponctuelles sont effectuées afin de tenir compte des deux modifications majeures prévues.

De plus, le projet de loi apporte des modifications à la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques. Plus précisément les missions de l'Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel (ALIA) sont élargies pour englober celle d'organiser la campagne électorale médiatique et celle de l'organisation des programmes d'information politique. À ce titre, il convient de noter que l'ALIA a déjà effectué ces missions dans le passé, de sorte que les modifications effectuées adaptent uniquement la loi afin de refléter les missions actuelles de l'ALIA.



Dépôt par M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, le 02/09/2021  
Rapporteur : M. Guy Arendt

Travaux de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle  
(Président : M. Mars Di Bartolomeo) :

02/09/2021 Présentation de l'avant-projet de loi  
02/05/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation des amendements gouvernementaux  
Examen de l'avis du Conseil d'État  
Adoption d'une série d'amendements parlementaires  
20/05/2022 Adoption d'une série d'amendements parlementaires  
20/06/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
01/07/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 13/07/2022

Loi du 22 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 394, page 1

Travaux de la Commission de la Justice

(Président : M. Charles Margue) :

23/03/2022 Désignation d'un rapporteur  
Présentation du projet de loi  
30/03/2022 Continuation des travaux  
29/06/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État  
06/07/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État  
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 13/07/2022

Loi du 29 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 429, page 1

## Adaptation de diverses dispositions légales

**7972 – Projet de loi portant modification : 1° du Code de procédure pénale ; 2° de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale ; 3° de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme ; 4° de la loi modifiée du 10 juillet 2020 instituant un Registre des fiducies et des trusts**

Le projet de loi consiste à modifier, de manière ciblée, diverses dispositions légales pour redresser une erreur matérielle qui s'est glissée dans la loi du 17 décembre 2021 portant modification : 1° du Code pénal ; 2° du Code de procédure pénale ; 3° de la loi modifiée du 17 mars 1992 portant 1. approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988 ; 2. modifiant et complétant la loi du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie ; 3. modifiant et complétant certaines dispositions du Code d'Instruction criminelle ; aux fins de transposition de la directive (UE) 2018/1673 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2018 visant à lutter contre le blanchiment de capitaux au moyen du droit pénal, et assurer la cohérence des textes régissant l'entraide pénale internationale, la lutte contre le blanchiment et le financement du terrorisme et leur conformité aux normes internationales sur la lutte contre le blanchiment de capitaux et le financement du terrorisme et de la prolifération du Groupe d'action financière (« GAFI »).

Le projet de loi propose de rajouter l'article 385-2 du Code pénal à la liste des infractions, énumérées à l'article 5-1 du Code de procédure pénale, qui peuvent être poursuivies et jugées au Grand-Duché de Luxembourg, même si le fait n'est pas punissable par la législation du pays où il a été commis et que l'autorité luxembourgeoise n'a reçu ni plainte de la partie offensée ni dénonciation officielle. L'article 385-2 du Code pénal vise le fait pour un majeur de faire des propositions sexuelles à un mineur de moins de seize ans ou à une personne se présentant comme telle en utilisant un moyen de communication électronique. Cette disposition est essentielle pour lutter contre la pédocriminalité sur Internet.

En outre le projet de loi supprime la possibilité, guère utilisée, dont dispose le Procureur général selon la législation actuelle, de refuser l'entraide judiciaire si la demande a trait exclusivement à des infractions en matière de taxes et d'impôts, de douane ou de change en vertu de la loi luxembourgeoise. Dans un même ordre d'idées, le projet de loi propose de ne plus exclure de l'exécutif d'une décision étrangère les jugements qui ont trait à des infractions en matière de taxes et d'impôts, de douane et de change en vertu de la loi luxembourgeoise.

L'article 668 du Code de procédure pénale est modifié afin de tenir compte de l'évolution du « Fonds de lutte contre certaines formes de criminalité » et de ses sources de financement.

La loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme est adaptée afin de préciser certaines dispositions relatives aux autorités de contrôle.

L'article 2, paragraphe 2, de la loi modifiée du 10 juillet 2020 instituant un Registre des fiducies et des trusts est modifié afin de fixer un délai maximal endéans lequel les informations du Registre des bénéficiaires effectifs doivent être mises à jour.

## Lutte contre la fraude portant atteinte au budget de l'UE

**7987 – Projet de loi portant modification : 1° du Code pénal ; 2° du Code de procédure pénale**

Le projet de loi n° 7987 a pour objet de procéder à quelques ajustements dans le Code pénal et le Code de procédure pénale, en vue d'une transposition complète de la directive (UE) 2017/1371 du Parlement européen et du Conseil du 5 juillet 2017 relative à la lutte contre la fraude portant atteinte aux intérêts financiers de l'Union au moyen du droit pénal (dénommée ci-après « la directive »).

L'objet de ladite directive est de créer un système renforcé et plus harmonisé, avec des règles communes minimales, pour lutter contre la fraude portant atteinte au budget de l'Union européenne et d'améliorer la protection des intérêts financiers de l'Union européenne et de l'argent du contribuable dans l'Union européenne.

La directive concerne notamment :

– la fraude et d'autres infractions pénales, telles que la corruption, le détournement ou le blanchiment de capitaux, portant atteinte aux intérêts financiers de l'Union européenne, par exemple le budget de l'Union européenne, les budgets des institutions, organes et organismes de l'Union européenne institués en vertu des traités, ou les budgets gérés et contrôlés directement ou indirectement par ceux-ci ;

– les « infractions graves » contre le système commun de taxe sur la valeur ajoutée (TVA), comme la fraude carrousel (infractions considérées comme graves lorsqu'elles ont un lien avec le territoire de deux pays de l'Union européenne ou plus et entraînent un préjudice d'un montant total d'au moins 10.000.000 euros).

Elle établit également des règles communes sur les sanctions et les délais de prescription relatifs aux infractions pénales concernées.

De surcroît, la directive définit les compétences du Parquet européen. En effet, le règlement (UE) 2017/1939 du Conseil du 12 octobre 2017 mettant en œuvre une coopération renforcée concernant la création du Parquet européen prévoit dans son article 4 que « le Parquet européen est compétent pour rechercher, poursuivre et renvoyer en jugement les auteurs et complices des infractions pénales portant atteinte aux intérêts financiers de l'Union qui sont prévus par la directive (UE 2017/1371) ».

Les dispositions de ladite directive sont transposées en droit luxembourgeois par la loi du 12 mars 2020 portant modification 1° du Code pénal ; 2° du Code de procédure pénale ; 3° de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ; aux fins de transposition de la directive (UE) 2017/1371 du Parlement européen et du Conseil du 5 juillet 2017 relative à la lutte contre la fraude portant atteinte aux intérêts financiers de l'Union au moyen du droit pénal.

Une procédure en infraction a toutefois été initiée en décembre 2021 à l'encontre du Grand-Duché de Luxembourg pour transposition incomplète de la directive.

Afin d'assurer une transposition complète de la directive (UE) 2017/1371 et de combler certaines lacunes ou oublis, le projet de loi n° 7987 prévoit partant la modification des articles 240, 496-1, 496-3 et 496-4 du Code pénal ainsi que de l'article 5-1, paragraphe 1<sup>er</sup>, du Code de procédure pénale.

Afin de protéger les fonds de l'Union européenne de la corruption ou du détournement, la directive demande à ce que les agents publics, c'est-à-dire toutes les personnes investies d'un mandat officiel, que ce soit dans l'Union européenne, dans les États membres ou dans les pays tiers, soient incluses dans le champ d'application des infractions pénales de corruption passive et de détournement.

L'article 240 du Code pénal porte sur le détournement direct et indirect et le cas de figure où des fonds ont été utilisés d'une manière contraire aux fins prévues. Afin de se conformer aux exigences de la directive, l'article est adapté afin d'inclure toutes les

Dépôt par Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 08/03/2022

Rapporteur : M. Charles Margue

personnes chargées d'une mission de service public et toutes les personnes investies d'un mandat public. Dans ce contexte, la notion de « personne investie d'un mandat électif public » renvoie notamment à la définition par la directive d'« agent public » qui vise « toute personne exerçant des fonctions législatives au niveau national, régional ou local ».

L'article 496-4 relatif à l'escroquerie et la tromperie par rapport aux budgets des institutions internationales est adapté afin d'inclure expressément les budgets gérés par l'Union européenne ou pour son compte.

Dépôt par Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 31/03/2022

Rapporteur : M. Charles Margue

Travaux de la Commission de la Justice

(Président : M. Charles Margue) :

11/05/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Adoption d'un amendement parlementaire

29/06/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

06/07/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 13/07/2022

Loi du 29 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 430, page 1

## Extension du financement du Réseau national intégré de radiocommunication

**8002 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 mai 2014 relative au financement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois en vue du financement des travaux d'extension et de perfectionnement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois**

Le projet de loi sous rubrique a pour objet d'étendre le financement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois (ci-après « réseau »).

Depuis 2014, l'État luxembourgeois dispose d'un réseau numérique de radiocommunication afin d'assurer la communication des services de sécurité et de secours luxembourgeois.

Les moyens de financement ont initialement été octroyés par la loi du 20 mai 2014 relative au financement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois. La loi précitée du 20 mai 2014 a été modifiée par la loi du 1<sup>er</sup> mars 2019 portant modification de la loi du 20 mai 2014 en vue du financement des travaux d'extension et de perfectionnement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois.

Or, l'augmentation de protection face à des cyberattaques potentielles, l'extension de la couverture terrestre à l'intérieur de bâtiments et l'interconnexion avec des réseaux du type 4G et 5G entre autres ne peuvent être mis en œuvre que si les moyens financiers nécessaires sont mis à disposition. La loi en projet sous rubrique vise donc à accorder ces moyens financiers requis selon les modalités suivantes :

– les frais maximaux de réalisation du réseau incombant à l'État sont portés à 40.580.000 euros, taxe sur la valeur ajoutée exclue ;

– les frais mensuels maximaux d'exploitation à charge de l'État sont portés à 658.000 euros (taxe sur la valeur ajoutée exclue) jusqu'au 30 juin 2030.

Dépôt par M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias, le 05/05/2022

Rapporteur : M. André Bauler

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président : M. André Bauler) :

17/06/2022 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

27/06/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 13/07/2022

Loi du 12 août 2022

Mémorial A : 2022, n° 459, page 1

## 68<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | Mme Djuna Bernard, Vice-Présidente

### Sommaire

1. Ouverture de la séance publique ..... p. 10  
M. Fernand Etgen, Président
2. Question élargie n° 153 de M. Fernand Kartheiser au sujet des conditions de travail des surveillants pénitentiaires ..... p. 10  
M. Fernand Kartheiser | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | M. Fernand Kartheiser | Mme la Ministre Sam Tanson
3. 7759 – Projet de loi modifiant le Code de procédure pénale aux fins de la mise en œuvre du règlement (UE) 2017/1939 du Conseil du 12 octobre 2017 mettant en œuvre une coopération renforcée concernant la création du Parquet européen ..... p. 12  
Rapport de la Commission de la Justice : Mme Stéphanie Empain  
Discussion générale : M. Léon Gloden | Mme Carole Hartmann | Mme Cécile Hemmen | M. Roy Reding | M. Marc Goergen  
Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice  
Vote sur l'ensemble du projet de loi 7759 et dispense du second vote constitutionnel
4. 7972 – Projet de loi portant modification : 1° du Code de procédure pénale ; 2° de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale ; 3° de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du ter-

rorisme ; 4° de la loi modifiée du 10 juillet 2020 instituant un Registre des fiducies et des trusts ..... p. 15

Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7972 et dispense du second vote constitutionnel

#### 5. 7987 – Projet de loi portant modification :

1° du Code pénal ;

2° du Code de procédure pénale ..... p. 16

Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7987 et dispense du second vote constitutionnel

#### 6. 7124 – Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif ;

2° de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de la procédure devant les juridictions administratives ; en vue de l'institution d'un recours contre les décisions de sanctions administratives communales



**7126 – Projet de loi relative aux sanctions administratives communales, à l'élargissement des compétences des agents municipaux et modifiant :**

**1° le Code pénal ;**

**2° le Code de procédure pénale ;**

**3° la loi modifiée du 28 juin 1976 portant réglementation de la pêche dans les eaux intérieures ;**

**4° la loi modifiée du 21 novembre 1984 a) portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg, d'une part, et les Länder de Rhénanie-Palatinat et de la Sarre de la République Fédérale d'Allemagne, d'autre part, portant nouvelle réglementation de la pêche dans les eaux frontalières relevant de leur souveraineté commune, signée à Trèves, le 24 novembre 1975 ; b) complétant l'article 1<sup>er</sup> B II de la loi du 26 février 1973 portant extension de la compétence des tribunaux de police en matière répressive ;**

**5° la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;**

**6° la loi modifiée du 9 mai 2008 relative aux chiens ;**

**7° la loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets ;**

**8° la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale ..... p. 17**

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes sur le projet de loi n° 7126 : M. Dan Biancalana

Rapport de la Commission de la Justice sur le projet de loi n° 7124 : M. Dan Biancalana (dépôt de la motion 1)

Discussion générale : M. Georges Mischo (interventions de M. Dan Kersch, M. Dan Biancalana, M. Jean-Marie Halsdorf et M. Jean-Paul Schaaf) | M. Claude Lamberty | M. Marc Hansen | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen (intervention de M. Dan Kersch)

Prise de position du Gouvernement : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur | M. Marc Goergen (parole après ministre) (interventions de Mme la Ministre Taina Bofferding) | M. Georges Mischo (parole après ministre) | Mme la Ministre Taina Bofferding (intervention de M. Sven Clement) | Mme Simone Asselborn-Bintz (parole après ministre) | M. André Bauler (parole après ministre) | Mme la Ministre Taina Bofferding | M. André Bauler (parole après ministre)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7124 et dispense du second vote constitutionnel

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7126 et dispense du second vote constitutionnel

Motion 1 : M. Georges Mischo

Vote sur la motion 1 (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Sam Tanson et Mme Taina Bofferding, Ministres.

*(La séance publique est ouverte à 08.01 heures.)*

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Nee, Här President.

## 2. Question élargie n° 153 de M. Fernand Kartheiser au sujet des conditions de travail des surveillants pénitentiaires

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir fänken d'Sitzung vun haut de Moie mat der erweiderter Fro Nummer 153 vum Här Fernand Kartheiser iwwer d'Aarbechtskonditioun vum de Giischtercher un. Den Auteur huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Fro ze stellen, an no der Äntwert vum der Ministesch, déi zéng Minutten huet, fir eventuell nach eng Zousazfro ze stellen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Merci, Här President. Gudde Moien alleguer. Madamm Minister, de Prisong war an deene leschten Deeg nees an der Aktualitéit. De 7. Juli hate mer um Site vum RTL gelies, datt e Prisonéier, dee vun Dräibuer op Schraasseg transferéiert gi wier, net manner wéi sechs Leit vum Personal verletzt hätt an datt de Prisong och iwwerfëllt wier an och ze waarm elo am Summer, ...

*(Interruptions)*

... datt en iwwerhëtzt wier an datt et och méi dacks zu Rebelliounen géif kommen am Prisong.

Déi rezent Gewalt géint Giischtercher, besonnesch och den Ugrëff vum 29. Juni, sinn anscheinend och zum Deel duerch en akute Personalmangel ze erklären. Dir gesitt, a menger Introduktioun si schonn eng Rei Froen: vum iwwerhëtzte Prisong bis zum Personalmangel. A mir héieren och, datt d'Giischtercher sech bekloen, datt se net genuch iwwer Menacé géint si oder Membere vum hirer Famill informéiert ginn.

Gutt Neiegkeete sinn awer d'Afféierung vum Drogenhënn an och Är Aussoen, déi Der um Radio gemaach hat, datt d'Giischtercher sollte besser ekipéiert ginn.

Mir hunn awer do bis elo nach näischt Konkreetes héieren.

Mir maachen eis als ADR doriwwer ganz vill Suerge. Déi Zoustänn an eise Prisongen schéngen eis net akzeptabel ze sinn a mir wéilten dowéinst eng Rei Froen un d'Regierung riichten, speziell awer haut iwwer d'Giischtercher an hire Beruff.

An ech wéilt do ufänke mat der Sécherheet an der Formatioun vum de Giischtercher.

Här President, ech wollt Iech just soen: D'Auer funktionéiert net. Ech weess also elo net, wou ech dru sinn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Jo.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Fir eis also ... Ech wéilt ufänke mat der Sécherheet a mat der Formatioun vum de Giischtercher. Et ass fir eis déi éischt Fro, wann ee gesäit, wéi d'Zoustänn sinn am Prisong, ob déi net misst verbessert ginn. A virun allem, datt se keng Coursen hunn, fir sech selwer ze verdeedegen. Mir haten och Gespréicher mat hinne. Mir ware verwonnert, wéi mer gewuer gi sinn, datt Leit, déi awer potenziell ëmmer an enger geféierlecher Situatioun evoluéieren, an hirer Ausbildung emol keng Selwerverdeedegung léieren.

Et ass u sech eng reng zivill Formatioun, kee Kampfsport, kee speziellen Training, fir op Geforesituatiounen esou kënnen ze reagéieren. An do kann ee sech ganz vill Froe stellen. Wa si zum Beispill e Prisonéier an d'Spidol begleeden, deen dann eng Tentative d'évasion mécht, da stelle sech direkt eng ganz Rei, éischters, vun Ausbildungsfroen – „Wéi kënne se iwwerhaapt dermat ëmgoen?“ –, mee och vu legale Froen. Et ass an eisen Ae ganz wichteg, fir d'Beamte rechtlich ofzeséieren, wa si sech musse wiere respektiv e Prisonéier festhalen.

Dat Zweet ass déi Fro, ob et opportoun ass – dat ass eng ganz allgemeng Fro –, fir d'Giischtercher als ziville Corps ze gesinn, oder ob ee se net sollt an d'Force publique integréieren. Dat huet eng ganz Rei Konsequenzen, well et gëtt jo och Gespréicher doriwwer, datt de Gefaangenentransport zum Beispill sollt net méi vum der Police gemaach ginn, mee vum de Giischtercher. Mee eng zivill Verwaltung wéi d'Giischtercher, déi huet och keng blo Luuchten um Auto. Déi hunn absolutt och do keng Moyenen. Dat heescht, dat ass schonn eppes, wat, mengen ech,

souwuel d'Police géif interesséieren, wéi potenziell och d'Giischtercher. Mee dat géif awer och eng ganz Rei vu statutaesche Consideratiounen mat sech bréngen.

Eng drëtt Fro geet ëm hir Waffen oder aner Hëllefsmëttel, déi se zur Verfügung hunn. Dir hat jo ugekënnegt, do wéilt Der driwwer nodenken. Wat kënnt do a Fro? Sinn dat Elektroschocker? Ass dat Pefferspray? Wat kënnt iwwerhaapt do u Schutzkleedung och fir Iech a Fro? A wéi vergläicht sech dat mat deem, wat mer am Ausland hunn a Prisongen?

E ganz wichtege Punkt an eisen Aen ass och, datt d'Giischtercher mussen eng Déngschnummer hunn, wa se prozesséieren. Am Abléck ware mer och ganz verwonnert, fir gewuer ze ginn, datt wa juristesche Affäre sinn, an engem Dossier vun engem Giischterchen, wou e jo awer enger Gefor ausgesat ass, hien oder seng Famill, keng Nummere sinn, mee datt e mat Numm an Adress an dem Dossier figuréiert. Dat ass natierlech en enorme Risiko fir déi Leit. An ech mengen, Dir sidd jo Justizministesch – do misst Der kënnen direkt intervenéieren.

Da wat d'Karriär ugeet, do muss een och soen, datt et am ... Bon, dat ass elo net Ären direkten Zoustännkeetsberäich, et ass éischer Äre Kolleg vum der Fonction publique. Mee et gouf awer an e puer Karriäre beim Staat Gespréicher iwwer eng Revalorisatioun. Ech denken un d'Bréifdréier zum Beispill, mee ech denken hei natierlech och un d'Giischtercher, wou laang driwwer geschwat ginn ass, ob d'Berufsbild net misst evoluéieren, d'Karriär méi attraktiv ginn an och eng Revalorisatioun vum der Karriär misst geschéien.

Dat hänkt och dervun of, mengen ech, wat de Giischterchen eigentlech als Berufsbild an als Evolutioun vum der Karriär iwwer säi ganz Berufsliewen huet. Et wär sécher interessant an eisen Aen, wa mer en och kéinte méi asetze fir Integratiounsaufgaben an Aufgaben bei der Reinsertioun an d'Gesellschaft, wann e Prisonéier seng Zäit ofgesiess huet.

De Giischterchen ass dacks och eng Vertrauenspersoun fir verschidde Prisonéier. A mir denken, mir sollte vläicht higoen, fir iergendwéini am Laf vum der Karriär vu Giischtercher op e Punkt ze kommen, wou mer hinne wierklech méi sozial Aarbecht sollte ginn an déi Transitioun vum Prisong an dat Erëm-Liewendobausse méi lichter maachen, fir datt et eben net zu esou Situatiounen kënnt.

Ass dat doten d'Zäit? Ech weess elo net, well d'Auer net leeft ... Elo weess ech dat net.

*(Interruption)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Bei 5 Minutte 24 si mer.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | A, well ... Jo, maja. Dat ass e bëssen ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Dat sinn 3 Minutte 40 vun do un, wou Der et signaliséiert hat.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, ech muss Iech bieden, mech ze entschëllegen, mee wann d'Auer net leeft, da weess een net, wou een drun ass.

Da schlëssen ech of mat där Fro, well et ass wierklech an eisen Ae ganz wichteg, datt déi Leit, déi am Prisong schaffen, déi och, wéi gesot, dacks eng Vertrauenspersoun fir d'Prisonéier sinn, eventuell och berufleech esou ausgeriicht ginn, datt se déi Transition tëschent dem Liewen am Prisong an dem spéidere Liewen dobausséi kënnen begleeden.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizminstesch Sam Tanson.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Jo, merci, Här President. Effektiv schéngt hei e Problem mam Ecran ze sinn.

Ech si frou, dass déi Fro dann elo haut endlech kann hei diskutéiert ginn. Esou grouss war d'Demande jo net vun Ärer Partei, vu dass Äre Kolleg, den Här Reding, se e puermol gestallt hat an e puermol en dernière minute dunn einfach net komm ass. Mee et ass eng essenziell Fro.

*(Interruptions)*

Dofir ass et gutt, dass Der se nach eng Kéier gestallt hutt a mer haut kënnen driwwer schwätzen an och d'nächst Woch an der Chamberskommissioun, och mam Direkter vun der Prisongsverwaltung, dat op Demandé hi vun der CSV par rapport zu deene rezente Virfäll, déi mer haten.

Mir huelen natierlech d'Sécherheet vun den Agenten, déi am Prisong schaffen, extreem seriö. An dat, wat déi lescht Woche passéiert ass, virun allem deen een Tëscheffall, inquietéiert. Et sinn och direkt Mesuren ergraff ginn. Ech kommen nach duerno drop zrëck, wann ech dann och iergendwann weess, wéi laang meng Zäit hei leeft, Här President, well ech gesinn dat net.

*(Interruption par Mme Stéphanie Empain)*

Merci, Madamm Empain.

*(Interruption par M. Fernand Kartheiser)*

Et ass gutt. Ma da ginn ech mech erëm sëtzen, Här Kartheiser.

*(Hilarité)*

Gutt, vläicht zu den Astellungen: Zënter 2018 sinn 206 Agent-pénitentiaires agestallt ginn. Dës sinn natierlech fir d'éischt emol als Kompensatioun fir déi agestallt ginn, déi an d'Pensioun gaange sinn, och fir déi, déi momentan an der Unisec detachéiert sinn, an dann natierlech am Hëlleck op d'Ouverture vum Uerschterhaff.

*(Interruptions)*

Ech weess net, Här President – et ass relativ vill Kaméidi heibannen –, ob et d'Leit elo net interesséiert, wat ech ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Jo, et si verschidde Leit, déi kommen eréischt just eran an da stéiere se direkt. Da muss se Moie soen, da muss se d'Geschlechtercher vu gëschter erzielen, an, an, an. Dat heescht, et wier besser, dat géif een dann dobausséi maachen an heibanne wier ee roueg. Merci villmools fir d'Versteesdemech.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Merci, Här President.

Also, zu den Zuelen: Aktuell ginn 300 Agent-pénitentiaires am CPL gebraucht, 260 am CPU an 41 am CPG. D'Administration pénitentiaire huet en Total vu 442,6 ETPen, just fir d'Agents pénitentiaires.

Déi Rekrutementsprozedur ass elo iwwert déi lescht Jore gelaf. Si ass natierlech duerch d'Covidzäit reduzéiert ginn, well déi Leit mussen jo am Prisong integréiert ginn, mussen do schaffen, mussen ugeléiert ginn. Duerfir sinn déi Welle méi lues gemaach ginn, wéi dat eigentlech geplangt gi war, soudass ëmmer nëmme 20 Stagiairen do waren, fir eeben déi sanitär Mesuren och ze respektéieren.

A säit Kuerzem kann och dee grouss Sall – ech mengen, Dir waart an de CPU op den Uerschterhaff kucken – och genotzt ginn, fir d'Formatiounen ze maachen.

Fir den Exercice vun dësem Joer waren dräi Welle vu Rekrutement virgesinn. Do steet nach eng aus. Déi ass am September fäerdeg an da wäerten nach 45 zousätzlech Agenten ufänken, woumat dann dee Kader ofgeschloss ass. A fir den Numerus clausus vum nächste Joer si 55 supplementär Agente gefrot.

Bon, den Ament gëtt et och natierlech nach eng Rëtsch aner Contrainten, déi Der och kennt, vum Rescht vum professionnelle Liewen. Et sinn ëmmer erëm Leit, déi covidbedéngt an Isolatioun sinn an dofir net kënnen schaffe kommen. Et sinn eng Dose Giischercher, déi e längere Krankeschäin hunn, an et sinn der 19 nach aktuell an der Unisec och detachéiert.

Ech gesinn och elo d'Zäit, déi leeft. Merci.

*(Interruption)*

Voilà! Dat heescht, déi grouss Erausforderung, déi elo natierlech ass, dat ass, dass d'Agente mussen esou forméiert ginn, fir an den Uerschterhaff herno integréiert ze ginn. An do sinn der natierlech och, déi da vu Schraasseg eriwuer ginn, fir do dann ze schaffen. Bon, vun der Formatioun hei: Déi ass wierklech ganz divers. An u sech, Här Kartheiser, et widdersteet sech e bëssen, wat Der gesot hutt. Op där enger Säit sot Der, si sollte méi eng Sécherheetsaarbecht maachen. Op där anerer Säit sot Der, si sollten eebe méi déi ...

*(Interruption)*

... sozialpädagogesch Aarbecht maachen.

An dat ass jo genau dat, wat 2018 mat der Reform vum Prisongsgesetz geschitt ass. Dat heescht, dass mer eebe grad méi e groussen Accent op d'Reinsertioun setzen.

A wann Der ... Bon, ech ginn elo net an den Detail vun de Coursen, déi ugebuede ginn, mee dat geet wierklech eeben ... Et sinn effektiv eng Rëtsch theoreetesche Saachen, notament Procédure pénale, Organisation judiciaire, awer och Grondlage vun der Psychologie, Prisongsgeschicht, professionellt Handeln, „wéi gi mer ëm mat Radikalisierung?“, Sozialaarbecht am Strofvollzuch. An da sinn awer och Coursen a praktesche Saache virgesinn: Premier secours; Self-defense. Dat heescht, et geet wierklech queesch duerch de Gaart. Mee dat ass en Echange, dee kënnen mer gäre méi am Detail déi nächst Woch hunn an da kann och den Här Legil Iech dat gutt erklären, wéi si dat handhaben.

Dann zu de Sécherheetsfroen – wéi ee Material datt se kréien; déi Iwerleeungen. Majo, si hu jo scho Material. Mee do ass et esou, dass dat Ganzt elo ëmmer am Kader vun der Selfdefense gekuckt gëtt. Dat heescht, et geet net drëm, proaktiv Gewalt unzewenden. Et geet drëm, datt se sech kënnen esou gutt wéi méiglech verteidegen, wann dat muss sinn!

A mir sollen och déi Situatiounen elo net héichstiliséieren. Et war wuel elo en Zwëscheffall, mee et ass awer net esou, wéi wann dat déi ganzen Zäit de Fall wär, well mer eebe vill op déi méi roueg Aarbecht setzen. Mee wa Krisensituatiounen sinn, da muss se kënnen handelen. An do ass dann eng Hierarchie, déi virgesinn ass: mat Handschellen, Matraquen an eeben och Tréinegas, dee kann agesat ginn, woubäi dann eng ganz Prozedur en place gesat gëtt, wéi dat ka benotzt ginn.

Bon, d'Karriärsfro ass eng, déi ëmmer erëm opkënn. Mee et ass, wéi Der richteg sot: Dat ass eng, déi generell um staatlechen Niveau gekuckt gëtt, wou elo net just speziell op eng Spart gekuckt gëtt, mee wou d'Fonction publique natierlech probéiert, ëmmer de ganze Staat am Iwwerbléck ze hunn an do och probéiert, d'Leit awer e bëssen à la même enseigne ze traitéieren, jee nodeem, wéi eng Formatiounen et sinn.

Dat ass och vläicht nach wichteg: Den Niveau vum Rekrutement ass och an d'Luucht gesat ginn. Dat heescht, et ware soss dräi Joer Postprimaire, an elo si mer bei fënnf Joer zënter 2018, soudass mer hei am Traitementsgrupp D1 sinn. An och déi Formatioun iwwert d'Sécherheet, déi Der jo virdrun ugeschwat hutt, ass u sech déi selwecht zënter e puer Joer. Dat huet och net ofgehoill.

Et gëtt och eng Zesummenaarbecht mat der Police. D'Police ass effektiv do, fir de Gefaangenentransport ze assuréieren. Mee et gëtt awer och eng Rei Aufgaben, déi d'Police mécht, wa se beoptraagt gëtt vum Untersuchungsriichter, zum Beispill wann et och drëms geet, Substanze saiséieren ze kommen an de Prisong. An da gëtt et nach d'Unité spéciale vun der Police, déi geruff gëtt, wa wierklech eng ganz komplizéiert Situatioun am Prisong ass, wou d'Agenten dann net méi mat hiren eegene Moyene kënnen agéieren a wou dann d'USP geruff gëtt.

Voilà. Ech weess elo net, ob ech op all Är Froe geäntwert hunn.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ganz kuerz, well, ech mengen, meng Zäit war jo och schonn ofgelaf, obschonn ech et net wousst.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Ech hunn nach zwou Minutten.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | A, Dir hutt nach zwou Minutten?

*(Hilarité)*

Mee ech wollt just nach eng Kéier op deen Aspect vun der Karriär agoen, well dat ass mer ganz wichteg. Ech gesinn nämlech do keng Kontradiktioun. Well am Abléck ass et jo esou, mengen ech, datt d'Giischercher praktesch vum Ufank vun hirer Karriär u bis zum Enn déi selwecht Aufgaben hunn. Dat heescht, si surgen wierklech fir d'Sécherheet am Prisong.

An d'Iddi wier a sech fir ze soen: Si maachen dat eng Zäit laang an duerno maache se eebe méi Sozialaarbecht fir d'Reinsertioun, fir och de Profil, de Berufsprofil domadder ze änneren an eebe wäit méi ze maachen, wéi dat am Abléck de Fall ass. Dat wier eigentlech déi Proposition, déi mer wëlte maachen.

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Also, et muss ee jo kucken: Déi Leit ginn eeben, wéi ech Iech



gesot hunn, mat dem Niveau fënnef Joer Postprimär agestallt. Do sinn eng ganz Rëtsch Formationen, déi virgesi sinn, déi scho relativ breet opgestallt ginn, vun deenen dee Sécherheetsaspekt en Deel ass, mee wou awer dee Deel Begleitung vun deene Leit, déi am Prisong sinn, och schonn do derzougehéiert.

Dat heescht, et muss ee scho kucken: Wéi ee Profil stelle mer an? Wéi eng Formation bidde mer do un? Dat heescht, ... Bon, dat ass eng Diskussioun, déi vläicht elo e bësse wäit féiert fir eng Question élargie, déi mer gäre kënnen nach méi am Detail eng Kéier féieren. Mee et muss een awer schonn eng Linn ugin, wéi eng Beamten ee gären hätt a wat déi Aarbechte solle sinn, déi se maachen. An déi si scho ganz multipel.

Dat heescht, et ass elo net, dass et eng reng Gardiens-aarbecht ass, déi do geleescht gëtt. Si maache schonn och ... Si sinn eng sozial Kontaktperson vun de Leit, mat deene se am Alldag do ze sinn hunn. An et gëtt jo och Méiglechkeeten an der Evoluition vun hirer Karriär, oder och elo nei Perspektive wéi zum Beispill déi Hondsmeeschter, déi elo ausgebildt konnte ginn, wou sech Leit gemellt haten, déi elo mengen ech, och ganz frou sinn iwwert deen neien Defi, dee sech do stellt. Esou Situationne komme jo och ëmmer erëm och am Prisong op.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Justizministerin Sam Tanson.

### 3. 7759 – Projet de loi modifiant le Code de procédure pénale aux fins de la mise en œuvre du règlement (UE) 2017/1939 du Conseil du 12 octobre 2017 mettant en œuvre une coopération renforcée concernant la création du Parquet européen

Deen zweete Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 7759 iwwert d'Schafung vun engem europäesche Parquet. D'Riedezäit ass nom Basismosell festgeluecht an d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission de la Justice

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng), rapportrice | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Ministerin, ech dierf Iech de Moien de mëndleche Rapport maachen iwwert de Projet de loi 7759, wou de Parquet europäen traitéiert gëtt. Et ass e relativ schwierigen, komplizéierten Exercice, fir mat dësem mëndleche Rapport der Envergure an der Wichtigkeet vun dësem Projet de loi gerecht ze ginn. Mir schwätze vun engem ganz wichtege Projet, deen och politesch gesi ganz, ganz wichtig ass, deen awer – elo, wou Der de Rapport jo alleguerten am Detail gelies hutt, a wéi Der festgestallt hutt – immens technesch ass an deen eis a virun allem och de Juristen am Justizministerium immens vill Kappzerbrieches bereet huet.

Wie sech de Rapport zu dësem Gesetzesprojekt duergelies huet, deen huet relativ schnell gemierkt, dass et sech hei ëm eng Lecture fir e Public très, très averti handelt, e Rapport, dee sech, vu d'Komplexitéit vum Dossier, och iwwer relativ vill Säite gezunn huet. Ech mengen, ech maachen haut jidderengem e Gefalen, wann ech an dësem mëndleche Rapport méi op déi grouss Linnen aginn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Empain** (déi gréng), rapportrice | An ech géif dann och elo schonn direkt op de schrëftleche

Rapport verweisen, wou Der natierlech alles ganz am Detail erëmfant.

Vu wat schwätze mer haut? Et geet ëm eng Initiativ, déi schonn op d'Enn vun den 90er-Joren zréckgeet an déi um Conseil européen vun Tampere 1999 festgehale ginn ass, nämlech d'Stärkung vun der géigesäiteger Unerkennung vu Justizentscheidungen, fir d'Kooperatioun tëscht de Memberstaaten ze facilitéieren. Deemools huet schonn dee grouse Constat bestanen, dass déi reng national axéiert Poursuite vu kriminellen Organisatiounen, déi grenziwwerschreidend operéieren, net effizient ass.

No laange Verhandlungen, an deenen et leider net méiglech war, all d'Memberstaaten u Bord ze kréien a wou de Projet en cours de route méi wéi eemol um seidene Fuedem houg, hu sech 2017 eng Partie Memberstaaten zesummefonnt, déi hire Wonsch ausgedréckt hunn, eng Collaboration renforcée an dësem Beräich anzegoen an en europäesche Parquet, de sougenannten EPPO, also European Public Prosecutor's Office, ze schafen.

De Règlement, deen dës Coopération renforcée am Kader vum EPPO ëmgesat huet, ass schlussendlech och am Oktober 2017 a Kraaft getrueden. Den EPPO selwer huet am Juni 2021 seng Aarbecht erfollegräich opgeho. An d'Zil ass et natierlech och, dass iwwer kuerz oder laang all d'EU-Memberstaate sech uschléisen.

Den EPPO ass eng wichteg Struktur am Kampf géint déi grenziwwerschreidend Grousskriminalitéit, déi zulaaschte vum EU-Haushalt geet. Mir schwätzen hei also vu Frauden, déi en negativen Impakt op den EU-Budget hunn, respektiv Verbrüche géint déi finanziell Interesse vun der Europäescher Unioun, also Bedruch, Korruptioun, Blanchiment, schwéiere grenziwwerschreidenden TVA-Bedruch an esou weider, a wou bis elo just d'Nationalbehörde konnten aktiv ginn an hir Zoustännegkeet en plus op hire jeeweilege Grenzen opgehalen huet, hu mer eis elo e schlagfäerdgeit gemeinsaamt Organ ginn, dat hei kann aktiv ginn.

Den EPPO fonctionéiert onofhängeg an dezentraliséiert an huet d'Mandat, ze ermëttelen, ze verfolgegen an ze jugéieren a Criminen, déi, wéi gesot, den EU-Budget affektéieren. Et handelt sech ëm eng ganz nei Struktur, déi eng bis dato net do gewieschte supranational Justiz duerstellt.

Rezent huet den EPPO och säin éischte Bilan no siwe Méint Existenz presentéiert. An do gesäit een och d'Envergure, vun där mer hei schwätzen. Zu deem Zäitpunkt waren et ëm déi 580 Enquêtes, déi bis dohinne opgemaach gi ware fir Infractionen, wou Fraude am Spill ass, an dat fir e Gesamtmontant vun iwwer 5,4 Milliarden Euro.

Fir seng Aarbecht ze maachen, schafft den EPPO Hand an Hand mat den nationale Justizautoritéiten an ëmmer an enger Kooperatioun mat aneren EU-Institutionen wéi dem Eurojust, Europol oder dem OLAF, also der europäescher Antifraudebehörde. An deem Kader sinn den EPPO an d'Eurojust zwou gläichgestallten onofhängeg EU-Institutionen, déi sech d'Responsabilitéit deelen, déi finanziell Interesse vun der Unioun ze schützen.

De Parquet europäen elo, dee fonctionéiert op zwee Niveauen. Dat ass eng Kéier um Niveau central mat sengem Bureau central, der Cheffin vum Parquet, den 22 Procureurs européens, de Chambres permanentes; an dann eng Kéier op engem zweeten Niveau: um dezentralen Niveau, also an de Memberstaaten, mat de Procureurs européens délégués, déi am Numm vum Parquet europäen an de jeeweilege Memberstaaten agéieren. Si gi vum Procureur général d'État designéiert, an dat fir e Mandat vu fënnf Joer.

Si agéieren och ëmmer ënnert der Surveillance vun den Organer op EU-Niveau, während se awer an de Strukturen vun den nationalen Autorités de poursuite intégréiert sinn. Si sinn allerdéngs absolutt onofhängeg vun dësen nationale Strukturen.

An domadder huet d'Schafung vum Europäesche Parquet en Impakt op eis national Gesetzgebung, déi huet missen adaptéiert ginn. An dat ass dann och via zwee verschidde Projets de loi gemaach ginn.

Dat war engersäits via de Projet de loi 7760, deen d'Struktur vum EU-Parquet am Kader vun eiser nationaler Organisation judiciaire organiséiert huet. Dir erënnert Iech vläicht nach un de Projet de loi, dee mer am Mäerz d'lescht Joer gestëmmt hunn. Do ass et ëm déi sougenannt Procureurs européens délégués gaange respektiv ëm den Office des procureurs européens délégués, deen domadder geschafe ginn ass.

Deen zweete Projet de loi, dee mer also haut zum Vott virleien hunn, definéiert sengersäits de prozedurale Kader, an deem den EPPO a seng Procureurs européens délégués operéieren, a versicht dat quasi Onméiglecht méiglech ze maachen, nämlech de System vum EPPO mam Lëtzebuerger Rechtswiesen an Aklang ze bréngen. Oder anescht ausgedréckt, wéi eis Mataarbechterin an der Fraktioun et erkläert huet: Et geet ëm de ganz schwierigen Exercice, Windows op e Mac ze installéieren.

(Hilarité)

Woubäi eng vun de groussen Erausforderungen doranner bestanen huet, de Modell vun der Procédure accusatoire, no deem den EPPO fonctionéiert, mam Modell vun der Procédure inquisitoire mat engem Juge d'instruction, esou wéi mir e kennen, an Aklang ze bréngen.

Eng vun de Schwierigkeete louch effektiv doranner, den nationale Code de procédure pénale an Aklang ze bréngen mat de Reegelen, déi de Règlement fir den EPPO virgesäit, mat der grousser Fro, wéi een d'Zesummespill vun den delegéierten europäesche Procureurs engersäits an dem Untersuchungsrichter anersäits kohärent kann an nationaalt Recht ëmsetzen.

Dësen Exercice war effektiv iwwerhaupt net einfach, wéi een och un de sëllegen Avisen erkenne kann. Hei ass et och vläicht net onwichtig, nach emol drop hincweisen, dass de Sëtz vum EPPO hei zu Lëtzebuerg ass. Dat spigelt och eisen Engagement vis-à-vis vun dëser neier Struktur erëm, an där mir eis vun Ufank un als proaktive Partner bewisen hunn. An dofir war et eis och esou wichtig an der Kommissioun – an ech mengen, dat ass e Constat fir déi gesamt Kommissioun gewiescht –, schnellstméiglech déi Quadratur vum Krees, déi mer hu misse maachen, hinzekréien an eis eebe konform ze setze mam Kader, deen eis d'EU-Règlement virgëtt.

Wat elo d'Aarbechten an der Kommissioun eeben ubelaangt, dat war, wéi gesot, e bësselschen e schwierigen Exercice. De Projet de loi ass den 1. Februar 2021 deposéiert ginn. Mir hunn en och den 10. Februar eng éischte Kéier presentéiert kritt an de 27. Abrëll huet de Conseil d'État säin Avis ofginn, deen eng ganz Rëtsch Oppositions formelles beinhalt huet an allgemeng och eng Partie méi generell Froen iwwert d'Mise en application vum Règlement souwéi och konstitutionell Incompatibilitäten opgeworf huet. Bon, dësen hu mer dunn de 5. Mee analyséiert an en absence vu proposéierte Pisten, wéi mer déi elo kéinte léisen, hu mer dunn no Weeër gesicht, wéi mer déi Oppositions formelles kéinte levéieren.

Am September hu mer dann och eng ganz Partie vun Amendement-parlementairen adoptéiert – ech

mengen, et waren der iwwer 70 –, mat deene mer du gehofft hunn, de Problem geléist ze kréien. Den Avis complémentaire vum Conseil d'État, deen eis den 1. Abrëll 2022 zoukomm ass, huet eis do awer enges Besseren beléiert, well dësen Avis et mat – ech mengen, et waren och – eppes 12 Oppositions formelles nach ëmmer relativ a sech hat.

Bon, dat kann och zum Deel doduerjer erkläert ginn, dass den initiale Projet de loi just ëm déi 20 Artikelen hat a mer mat eisen Amendementen schlussendlech op iwwer 70 Artikele komm sinn. Während mer also déi initial Opposition-formelléi konnten aus de Féiss raumen, hu mer esou vill nei Artikele bäikritt, dass déi herno och erëm nei Oppositions formelles mat sech bruecht hunn.

Doropshin hu mer nach eng Kéier e puer intellektuell Akrobatië verbruecht, fir kohärent Léisungen hefir ze sichen. Mir hunn am Mee dëst Joer dunn eng nächst Ronn gestart an eng weider Serie vun Amendements parlementaires adoptéiert. An do hate mer de Schlëssel dann och schlussendlech fonnt, well de 14. Juni konnt de Conseil d'État a sengem zweeten Avis complémentaire all seng Oppositions formelles ophiewen, soudass dëse Rapport dann och de 6. Juli an der Kommissioun ugeholl ginn ass.

Ech hat et virdu schonn ugeschwat, et sinn eng sëlleg Avisen och erakomm, op déi ech elo och aus Zäitgrënn net kann eenzel kann agoen. Mee fir e bësselchen ze resuméieren: Se haten alleguerten e gemeinsamen Nenner – soe mer esou. Dat war virun allem och d'Suerg ëm d'Incompatibilitéit vun der Proposition mat eisem System, wou d'Procédure pénale eebe geännert ginn ass a wou proposéiert ginn ass, vun engem Système inquisitoire op e Système accusatoire ze wiesselen, respektiv an enger Zort Hybridmodus ze operéieren.

Et sinn d'Suerge gewiescht ëm déi net kloer Rolleverdeelung tëscht dem Procureur européen délégué an dem Juge d'instruction. Suergen, dass den Droit de la défense kéint geschiedegt ginn. Suergen iwwer allgemeng de Paradigmewissel am Lëtzeburger Rechtssystem, well elo eng eenzeg Autoritéit, de Procureur européen délégué, vum Ufank bis zum Enn vun enger Prozedur d'Initiativ an d'Charge fir eng Affaire pénale hätt a Pouvoiren hätt, déi bis elo bei eis just dem Juge d'instruction virbehale waren.

Voilà, déi Avisen, dat waren d'Avis vum Groupement des magistrats luxembourgeois, vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, vum Conseil de l'ordre, Avis de la Cour supérieure de justice, vum Tribunal d'arrondissement de et à Luxembourg an den Avis vum Parquet du tribunal d'arrondissement de Luxembourg, vum Parquet du tribunal d'arrondissement de Diekirch a vum Parquet général.

Voilà, wéi gesot, aus Zäitgrënn, mee och aus Grënn vun der Verdaulechkeet vun dësem mëndleche Rapport hunn ech hei wierklech just e ganz sommären Iwwerbléck iwwer d'Komplexitéit vum Dossier kënne ginn. Wie sech awer elo de Congé wëllt verséissen, deen invitéieren ech nach emol ganz, ganz häerzlech, sech de schrëftleche Rapport am Detail duerchezulesen.

Hei awer nach emol e ganz grouse Merci u jidder-een, dee besonnesch och hannert de Kulissen – an ech denken do och un d'Juristin aus dem Justizministerium – esou intensiv un dësem Dossier geschafft huet, fir dass mer en tatsächlech op den Ordre du jour vun der leschter Pleniëre kënne setzen. Ech wëll wierklech net wëssen, wéi vill Stonnen Aarbecht a Schweessdröpsen hei op dësem Pabeier gelant sinn.

Ech soen och de Memberen alleguerten vun der Justizkommissioun e ganz grouse Merci, dass Der esou konstruktiv matgeschafft hutt, mam Zil, dass mer

als Host Nation vum EPPO schnellstméiglech den néidege Kader schafen, fir eis mat dësem Reglement konform ze setzen. Domadder ginn ech dann natierlech och den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Stéphanie Empain.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden ageschriwwen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Léon Gloden** (CSV) | Merci, Här President. Am Fong sollt d'Madamm Reding haut hei schwätzen, déi jo och eng vun de Mamme vun der Iddi vum Parquet européen ass. D'Madamm Reding ass leider verhénnert. Dunn huet se mech gebieden, da ganz bescheiden hei e puer Wiederer un Iech ze riichten.

*(Hilarité et interruptions)*

Ech wëlt op éischter Plaz der Madamm Rapportrice Merci soen. Si ass dorobber agaang. Et ass e ganz technesche Projet gewiescht, well et ganz vill Imbricatione gëtt tëscht der europäescher Prozedur an der nationaler Prozedur. Déi Riedercher mussen aneene fannen, fir datt eeben den Europäesche Parquet ka seng Missioun wouerhuelen. Duerfir, Madamm Empain, e grouse Merci.

Déi Iddi, wéi gesot, ass laang debattéiert ginn an d'Gebuertstonn vum Parquet européen, no laangem Tauzéien, war den 12. Oktober 2017. An de Sëtz vum Europäesche Parquet ass och hei zu Lëtzebuerg. Dat konnt jo ficeliéiert ginn ënnert der Présidence vu Lëtzebuerg 2015.

Den Europäesche Parquet ass e wichtege Bausteen an e wichtigen Acteur, zesumme mat de Parquets délégués am Espace de liberté, de sécurité et de justice, sou wéi et am Traité vun Amsterdam vun 1997 heescht.

Wat ass elo den Objet vun dësem Projet de loi a ganz kuerze Wieder? De Parquet kritt hei och elo d'Méiglechkeet, Auteursen ze poursuivéieren, déi géint d'Finanzinterëte vun der Europäescher Unioun handelen. Op Lëtzebuergesch heescht dat, wa Korruptioun am Spill ass oder wann Escroquerie par rapport zu der TVA geschitt. Dofir kënn och ganz kloer an den Text stoen, datt, wann ee géint de Budget vun der Europäescher Unioun handelt, zum Beispill wann ee Suen hëlt, déi virgesi ware fir e bestëmmte Projet a se gi fir eppes aneres geholl, da kann de Parquet och an d'Spill kommen. Den Zierkel vun de Leit, déi dann och vum Parquet poursuivéiert kënne ginn, gëtt och méi grouss duerch dëse Projet. Am Text heescht et: Eng Persoun, déi eng Mission publique huet, am classesche Fall e Beamten, oder eng Persoun, déi e Mandat public huet, am classesche Fall en Deputéierten, e Gemengepolitiker, kënnen och do da poursuivéiert ginn.

Dat ass a puer Wieder der graffe Resümee vun dësem Projet. An ech ginn den Accord vu menger CSV-Fraktioun.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Gloden. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Här President, Kolleginnen a Kollegeen, virop der Rapportrice e grouse Merci fir hiren exzellente Rapport. Och de Rapport war mat Sécherheet keen einfachen Exercice, well

effektiv de Projet immens technesch ass, an et war mat Zäiten eng Gratwanderung, wou mer effektiv probéiert hunn, fir deen europäesche System, dee jo hei awer woumer mat dem Reglement och imposéiert ass ... Mir sinn net am Kader vun enger Direktiv, wou mer e gewëssene Spillraum hunn och bei der Ëmsetzung. Et ass en europäescht Reglement, wat d'office applikabel ass hei zu Lëtzebuerg. An dofir huet een deem och misse Rechnung droen.

Et gouf jo och Kontakt opgeholl mat dem Staatsrot, fir effektiv zesummen no Léisungen ze sichen, an déi si jo am Endeffekt och fonnt ginn, fir dass de System och kann am Kader vun eisem lëtzebuergesche Recht hei fonctionéieren.

D'lescht Joer am Mäerz, wéi de Lëtzeburger Member vum Europäesche Parquet e legale Kader kritt huet, hat ech et schonn eng Kéier gesot an et bleift wouer: Korruptioun a Bedruch kenne keng Grenzen. Dofir ass den Europäesche Parquet e wichtegt Element am Zesummespill, an der Zesummenaarbecht tëscht den nationalen an europäeschen Institutiounen. Et sinn déi kuerz Weeër, déi hëllef sollen, géint grenziwwerschreidend Kriminalitéit virzegoen, déi den EU-Budget impaktéieren: Korruptioun, Geldwäsch, organiséiert Verbrechen am Zesummenhang mat EU-Finanzmëttel, Schmuggel. De Schued, deen dës Kriminalitéit an der Europäescher Unioun uricht, ass enorm.

D'lescht Joer eleng krut den EPPO 85 nei Fäll vum OLAF – dat ass déi Europäesch Agence géint Fraude – iwwermëttelt, fir déi en Dossier huet misse opgemaach ginn. Et war och gefaart ginn, dass de Bedruch mat Subventiounsgelder wéi zum Beispill dem Plan de relance vun der EU oder de Corona-Aidë géif an d'Luucht goen. An et ass effektiv wuel esou, dass probéiert ginn ass, aus der Pandemie e kriminellen Notzen ze zéien, zum Beispill duerch Offere vu gefälschtem Impfstoff, déi an engem Gesamtvolumen vu 16 Milliarden Euro leien.

Mat dësem Projet de loi stelle mer elo de Kader, eng autonom Prozedur, déi sech, wéi gesot, an dat lëtzebuergescht Recht afüügt. Dat war net esou einfach, well hei u sech alleguerten d'Kompetenzen um Niveau vun engem Parquet leien. A wa mer wëssen, dass mer hei zu Lëtzebuerg awer e System hunn, wou wuel de Parquet d'Autoritéit de poursuite ass, mee wou mer awer an deene meeschte Strohverfolgungen – virun allem, wann et ëm Crimen an Delikter geet – eng Interventioun vun dem Juge d'instruction a vun de Juridictions d'instruction hunn, déi awer zu eisem prozedurale Rechtssystem gehéieren.

D'Solutioun, déi fonnt ginn ass, ass haaptsächlech déi, fir do, wou mer Mesures coercitives mussen huelen, de Juge d'instruction och mat eranzehuelen, dat heescht, dass de Juge d'instruction intervenéiert, wa wierklech déi Mesures coercitives betraff sinn. An do ass et wichtig, dass d'Leit dann an deem europäeschen ..., an där Prozedur, déi mer elo an d'Lëtzeburger Recht agefüügt hunn, déi selwecht Rechter hu wéi Leit, déi duerch déi lëtzebuergesch Prozedur ginn. Dat heescht, dass d'Droits de la défense och vun de Concernéierten respektéiert ginn an, och ganz wichtig, dass se Voie-de-recoursen hunn, fir géint Decisiounen virzegoen, an dass déi Voie-de-recoursen och änlecher si wéi déi, déi mer am lëtzebuergesche Recht hunn.

Ech géif op dëser Plaz och de Beamte vum Ministère e grouse Merci soe fir déi vill a gutt Aarbecht, déi geleescht ginn ass, déi net einfach war a wou mer, mengen ech, elo eng Solutioun fonnt hu mat der Prozedur hei, mat där effektiv déi Bekämpfung géint déi Kriminalitéit, géint déi mer onbedéngt musse virgoen, och elo kann hei zu Lëtzebuerg ëmgasat ginn.

Ech ginn den Accord vun der DP-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschten.



**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hartmann. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Merci villmools, Här President. Madamm Minister, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, et ass e Projet de loi, deen historiesch ass. En historiesche Projet, deem seng Grondiddi schonn am Traité d'Amsterdam vun 1997 seng Wuerzel fonnt huet. Mee keng Angscht, ech maache keen Historique, ech soe just der Madamm Stéphanie Empain e grouse Merci fir hir gutt Erklärungen an dass si och wirklech déi wichteg verschidden Etappen, historiesch gesinn, hei presentéiert huet.

Zum Projet selwer gëtt et vläicht e puer Punkten, déi ech kuerz wéilt ervirhiewen. Virun allem ass emol wichteg ze wëssen, dass dësen Europäesche Parquet eege Kompetenzen am Strofrecht huet. Doduerch, dass en eng eege Personalitéit juridique huet, kann hien an aller Onofhängegkeet seng Ënnersichungen duerchféieren. An an der Praxis kann de Parquet also selwer recherchéieren, investigéieren an d'Täter vun de Verbrieche viru Geriicht stellen.

Dat europäescht Reglement gesäit verschidde Verbrieche vir – dat ass hei schonn e puermol gesot ginn –, géint déi de Parquet agéiere kann. Et geet ëm finanziell Verbrieche, déi dem Interêt vun der Europäescher Unioun schuede kënnen. Zum Beispill TVA-Hannerzéiung oder awer och de Blanchiment sinn zwee vun deene Verbrieche, géint déi de Parquet agéiere kann.

Zu der Kompositioun vum Parquet gëllt et ze verhallen, datt een europäesche Procureur fir all Memberstaat virgesinn ass. Fir Lëtzebuerg bedeit dat, dass dësse Projet e Sätz virgesäit vun den delegéierten europäesche Procureuren – woubäi um Kierchbiere geschafft gëtt –, deen och ënnert de permanente Chambere steet, déi aus de verschiddenen europäesche Procureuren zesumme gesat sinn.

Dës Kummere këmmere sech ëm de juristesche Suivi vun den Affären, also ob elo eng Affär soll viru Geriicht kommen oder awer ouni Suivi klasséiert gëtt. An donieft si si och fir d'Koordinatioun vun den Enquêtes op nationalem a grenzüwwergräifendem Terrain zustänneg.

Ech wëll elo net weider repetitiv ginn. Villes ass gesot ginn. Ech wëllt just schléissen, andeems ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem, wéi gesot, historiesche Projet de loi wëllt ginn.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hemmen. An da wier et um honorabelen Här Roy Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo, merci, Här President. Och vun eiser Säit ass merci der Rapportrice. Et ass e richtegen an e wichtigen Text, well d'Fraude, d'Korruptioun an der EU ass eng ganz batter Realitéit. Jidderee kann den OLAF-Bericht noliere vum leschte Joer, wou ee gesäit, wat fir eng Fäll do opgedeckt goufen, entre autres zum Beispill eng Tentative d'escroquerie vu 16,4 Milliarden mat falsche Vaccine géint de Corona. Et ass also e richtegen Text a mir stëmmen deen och mat.

Op där anerer Säit ass dësen Text awer de Beleege, datt ee verschidde Rechtssystemer eeben net kann openeepreffen. Dat ass wouer an dësem Fall, am Penal. Dat ass och wouer am Civil.

A virdrun huet den Här Gloden d'Madamm Reding ugeschwat, d'Viviane Reding. Si war effektiv eng Verfechterin vun der Unifikatioun vum Recht, och vum Zivilrecht an der EU. An ech hoffen, datt dës hei elo e Weckruf ass fir ze soen: Dat ass e falsche Wee! Mir kënnen net déi Systemer openeepreffen. Mir kënnen déi net unifizéieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Reding. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci der Rapportrice fir dee gudden, verdauleche Rapport.

Steierbedruch, Korruptioun a Geldwäsch kaschten d'EU vill Suen. An dofir wäerte mir och haut dësse Projet matënnerstëtzen. Et ass eng international Kooperatioun, déi immens wichteg ass fir d'EU, fir dass mer eeben net einfach eng gewëssen Toleranz do opbauen, mee am Contraire, dass mer elo do dergéint virginn. An dofir wäerte mir dësse Projet haut matstëmmen.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministersch Sam Tanson.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Jo, merci Iech alleguer. Ech sinn natierlech ganz frou, datt mer haut zum Vott iwwert dësen Text kënnen kommen. Et ass e wichtigen Text, fir dass mer och eis ganz Prozedur kënnen ofstëmmen op déi Instanz, déi zu Lëtzebuerg ass an déi och zu Lëtzebuerg domat de juristeschen europäesche Standuert vun eiser Hauptstadt an eise Land confirméiert.

Mat der Mise en place fonctionnelle vum EPPO den 1. Juni zejoert hunn d'Aarbechten och scho ganz, ganz gutt ugefaangen. Et si schonn iwwer 4.000 Signalementen gemaach ginn, iwwer 900 Enquêtes lafen an et sinn 260 Milliounen Avoiren iwwert d'Gerichter blockéiert oder agefruer ginn. Dat war de Stand virun net allze laanger Zäit, déi leschte Kéier, wéi mer mam EPPO en Echange heiriwwer haten.

D'Madamm Rapportrice, där ech villmools Merci soe fir deen delikaten Exercice, dee se hei huet missen absolvéieren, ass schonn op den Historique vum EPPO an och de legislative Werdegang vun dësem Text agaangen. Ech begrenze mech elo op verschidden Aspekter, déi wichteg sinn.

Et geet effektiv hei drëm – et ass ugeklungen –, d'Protektioun vun dem finanziellen Interessi vun der Europäescher Unioun konkret ëmzesetzen. An dat heescht och, dass mer e ganz wichtege Bléck drop werfen, wou Suen zu aneren Zwecker benotzt ginn, wou Suen detournéiert ginn. An dat ass eppes, wat fir d'Allgemengheet e groussen Impakt huet, well doduerch Steiergelder verluer ginn, déi gebraucht ginn, fir wichteg Investissementer ze maachen.

Mir hunn den 12. März d'lescht Joer schonn déi sougenannte PIF-Direktiv (ndlr: Protection des intérêts financiers) ëmgesat. Haut gëtt jo och an deem Kontext iwwert e weidere wichtege Projet de loi, nämlech de Projet de loi 7987, ofgestëmmt, deen eng komplett an integral Transpositioun vun der PIF-Direktiv bedeit. An dat ass nieft dem Reglement iwwert den EPPO dat juristescht Instrument, dat et dem Parquet europäen erméiglecht, wirklech effikass déi

finanziell Interessie vun der Europäescher Unioun an domat och vu Lëtzebuerg ze schützen.

Et ass schonn ugeklungen: Mir maachen hei eng Mise en oeuvre nationale vun engem Règlement européen an net eng Transposition fidèle vun enger Direktiv. Dësse Reglement gräift wäit an d'Gesetzgebung vum deenen 22 Memberstaaten, déi hei matmaachen, an. Derbäi kënnt, dass an dësen 22 Memberstaaten d'Procédure pénale zum Deel ganz ënnerschiddlech ausgeriicht ass. An et geet net drëm, Här Reding, dass et soll iwwerall exakt déi selwecht Procédure pénale ginn. Et geet awer drëm, an dat ass essentiel, datt mer eis Instrumenter ginn, fir gutt kënnen zesummenzeschaffen, fir harmonesch kënnen a Länner, wou Fluxe vun engem Land an dat aner ganz, ganz séier kënnen goen ..., dass mer deem op där anerer Säit och effikass Moyenen géint iwwerstellen, fir déi Fluxen och kënnen ze iwwerwaachen, ze blockéieren an och déi Persounen, déi sech schëlleg maachen, hei kënnen ze poursuivéieren.

Mee natierlech hu mir zu Lëtzebuerg e spezielle System, deen et net méi a ganz ville Länner gëtt, vun enger klorer Trennung tëschent de Pouvoire vum Ministère public, deene vun enger Juridiction, an de Pouvoiren, déi den Untersuchungsrichter huet. An dat ass eeben d'Spezifizitéit vum Lëtzebuerger System.

Well am europäesche Reglement deene verschiddenen Nuancen aus den nationale Codes de procédure pénale vun de Memberstaaten net am Detail Rechnung gedroe konnt ginn, war d'Haapterausforderung, fir iwwert dësse Projet de loi de Spagat ze maachen tëschent eise fest etablierte juristesche Kader, nämlech der Procédure pénale, an enger konformer Léisung mam Reglement.

Et war een och am reegelméisseg Kontakt mat der Europäescher Unioun, well et eng Rei juristesche Divergenzen tëscht de Memberstaate gouf – an och dat ass u sech gesond an enger Demokratie, déi fonctionéiert –, wat déi exakt Interpretatioun vun där enger oder anerer Dispositioun aus dem Reglement betrëfft. Mir hu mat dësem Text en autonome prozedurale Regime geschafen, deen engersäits déi spezifesch Pouvoire vun de Procureurs européens délégués virgesäit, wéi och e spezifesch Regime, dee Reegelen virgesäit am Fall, wou d'Interventioun vum Untersuchungsrichter erfuerdert ass.

Mir hunn duerfir déi existent Dispositiounen, déi den Untersuchungsrichter am Code de procédure pénale betreffen, iwwerholl an ugepasst. A mir sinn, wéi den Text elo votéiert gëtt, net op de Wee gaangen, fir Renvoien op eis aktuell Prozedur ze maachen. An dat bedeit dann och, dass 75 nei Artikelen an eise Code de procédure pénale ageschriwwen ginn.

Haut steet en Text zum Vott, dee probéiert, all dës juristeschen an internationale Contraintë Rechnung ze droen. Ech si wirklech frou, dass mer hei e wichtege weidere Schratt maachen, fir datt d'Procureurs européens délégués kënnen a voller Onofhängegkeet hir Aarbecht maachen.

An ech wollt awer och net hei ofschléissen, ouni e ganz grouse Merci erop op d'Tribün ze gi bei den Här Georges Keipes, dee ganz vill Stonnen domat verbruecht huet, dass dësen Text haut esou ka virun Iech leien.

Merci villmools.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Justizministersch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7759. Den Text steet am Document parlementaire 7759<sup>11</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7759 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Cécile Hemmen) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Stéphanie Empain), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### **4. 7972 – Projet de loi portant modification : 1° du Code de procédure pénale ; 2° de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale ; 3° de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme ; 4° de la loi modifiée du 10 juillet 2020 instituant un Registre des fiducies et des trusts**

Deen nächste Punkt um Ordre du jour vun de Moien ass de Projet de loi 7972, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert de Kampf géint de Blanchiment an d'Finanzéierung vum Terrorismus.

Mam Accord vun der Kommissioun gëtt no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. An ech géif elo dem Rapporteur, dem honorabelen Här Charles Margue, d'Wuert ginn. Här Margue.

#### **Rapport de la Commission de la Justice**

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. E léiwe Bonjour un d'Tribün. Mir hunn eng Klass vu Jugendlechen hei. Ech si frou, dass

Der Iech dat ukucke kommt. Da si mer net eleng de Moien, déi hei schaffen. Dir sidd normalerweis an Ärer Schoul ënnerwee. Ech hoffen, dass et interessant fir Iech ass.

(Hilarité générale et brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Hilarité générale. Här Margue, fuert roueg weider.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Gitt Gas, Här Margue!

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Ech gi Gas an ech soen de Kollegeen, se sollen elo déi zwee nächst Votten ofwaarden, ier se elo Kaffi drénke ginn, well et geet elo séier.

(Hilarité)

Léif Kollegeinnen a Kollegeen, ech presentéieren, wéi gesot, de Gesetzesprojet 7972. Mir hunn de Rapport de 6. Juli eestëmmeg ugehall an der Kommissioun. A wéi gesot, mir ginn no mengem Rapport direkt zum Vott iwwer.

Den Depot vun der Justizministesch war den 8. März dëst Joer. Mir hunn eis den 23. Mee (veuillez lire: März) dermat beschäftigt a mech als Rapporteur genannt. Den 30. Mee (veuillez lire: März) sinn d'Aarbechten an der Kommissioun weidergaangen. Dem Staatsrot säin Avis louch den 31. Mee vir a mir hunn den Avis complémentaire och nach kritt den 30. Juni.

Ëm wat geet et hei? Et geet ëm e Potpourri de droit pénal. Potpourri effektiv, well et gëtt vun dësem Gesetz profitéiert, eng Rëtsch vu cibléierten Adaptatiounen vum Code pénal ze maachen, déi ënner sech kee Lien hunn, mee déi awer fir d'gutt Fonctionnement vum Code pénal wichteg sinn. Mir maache virun allem emol e Redressement vun enger Erreur matérielle – jo, dat gëtt et – beim Gesetz vum 17. Dezember zejoert iwwert d'Direktiv 2018/1673 iwwert d'Lutte géint de Blanchiment de capitaux au moyen du droit pénal, déi sech do ageschlocht huet.

Hei war, an dat ass och wichteg fir eis jonk Bevëlkerung hei, d'Visiteurs, am Artikel 385 (2) no de verschiddenen Amendementsronnen d'Dispositioun iwwert de Cybergrooming verluer gaang, déi selbstverständlech essentiel ass, wann et ëm d'Lutte géint d'Pedokriminalitéit am digitale Raum geet. Mer setzen dës Dispositioun erëm bäi.

Da maache mer nach e puer Adaptatiounen, déi d'Kohärenz vun den Texter iwwert d'Entraide pénale – mer bleiwen haut wierklech derbäi – bei der Lutte géint de Blanchiment an de Financement vum Terrorismus solle verbessern a sécherstellen, dass se da konform sinn, wann deen ominöse GAFI am Hierscht bei eis kënn.

Aktuell kann de Procureur général eng Entraide judiciaire refuséieren, wann et sech bei der Demande ëm eng, dat musst Der Iech emol unhéieren, ëm eng reng Taxen-, Steier-, Douanes- oder Echangefro handelt, wouvunner allerdéngs an der Praxis de Procureur esou gutt wéi ni Gebrauch mécht. D'selwecht verhält et sech bei der Exequatur vun auslännesche Justizdecisiounen, déi exklusiv an dës Theemefelder falen. Och déi kënnen momentan vun der Exekutioun ausgehall ginn.

A béide Fäll schafe mer, wéi gesot, déi Ausnameregelungen of. Den Artikel 668 vum Code de procédure pénale adaptéiere mer. Dora geet et drëm, der Evolutioun vum Fonds de lutte contre certaines formes de criminalité a senge méi variéierte Finanzéierungsquelle Rechnung ze droen. Mir änneren dann nach d'Gesetz vum 12. November 2004 iwwert d'Lutte géint de Blanchiment an de Financement vum Terrorismus of, fir verschidden Dispositiounen iwwert d'Autorités de contrôle unzepassen.

A schlussendlech ännere mer nach d'Gesetz vum 10. Juli 2020 „instituant un registre des fiducies et des trusts“, wou mer Prezisiounen ginn zu de Modalitéiten, wéi de Registre des bénéficiaires effectifs muss à jour gehale ginn, wat interessant a wichteg ass, a féieren en Delai vun zwee Méint an, innerhalb vun deem den RBE muss aktualiséiert ginn.

Eng Dispositioun, déi mer gestrach hunn, fir dësé Projet de loi awer nach kënnen iwwert de Summer ze stëmmen, ass déi, dass den associative Secteur soll e Kanal kréien, fir Verdachtsfäll vun Terrorismusfinanzéierung bei der CRF ze mellen. De Staatsrot huet eis op dësé Dispositioun eng Opposition formelle ginn. E war net frou doriwwer. En huet bemängelt, dass den associative Secteur just dierft eng Méiglechkeet hunn, net awer d'Obligatioun hätt, fir Verdachtsfäll ze mellen, wéi all déi aner, déi déi Dispositioun hunn an déi Obligatioun hunn. Domadder géifen d'Associatiounen anescht behandelt gi wéi aner Instanzen, déi, wéi gesot, eng Obligatioun hunn. A mer kënnen net deux poids et deux mesures maachen. Mir haten an deem Zwist, wéi gesot, keng aner Méiglechkeet, wéi den Artikel ze sträichen a spéider drop zrëckzekommen.

E puer Wuert zu den Avisen. Den Institut des réviseurs d'entreprises huet a sengem Avis drop higewisen, dass et schwierig ass, den Ofgläich vun den Donnéeën, déi am RBE stinn an déi bei de Professionelle leien, sécherstellen, well et aktuell am Businessregister keng Fonctioun gëtt, déi bei engem Update vun den Informatiounen géif eng Alert erausschécken. An esou engem Kontext wier et schwierig, eng Vigilance constante vun den Donnéeën zu de jeeweilege Clienten ze assuréieren.

De Parquet aus der Stad begréisst déi verschidde Mesuren. De Parquet général ass dorop agaang, dass den Échange d'informations tëscht der CSSF an dem Procureur d'État soll verbessert ginn, dëst am Fall wou auslännesch Kontrollautoritéiten eng Enquête oder eng Inspektioun hei am Land ufroen.

D'Chambre de Commerce hat keng weider Remarken. An domadder wär ech fäerdeg elo mat mengem mëndleche Rapport. Dee Rescht steet an deem schrëftlechen. A wéi gesot, mir kënnen zum Vott iwwergoen. All d'Fraktiounen a Sensibilitäten hunn an der Kommissioun eestëmmeg hiren Accord dozou ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Charles Margue.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Jo, merci, Här President. Ech schlësse mech deem un, wat den Här Rapporteur gesot huet, a wäert och elo net weider intervenéieren.

Ech soen Iech just alleguerte Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Justizministesch.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7972. Den Text steet am Document parlementaire 7972<sup>6</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7972 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.



De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Octavie Modert), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Paul Schaaf), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. François Benoy), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 5. 7987 – Projet de loi portant modification :

### 1<sup>o</sup> du Code pénal ;

### 2<sup>o</sup> du Code de procédure pénale

Mir kommen elo zum Projet de loi 7987 iwwert d'Transpositioun vun enger europäescher Direktiv am Kader vun der Bekämpfung vum finanzieller Bedruch. Mam Accord vun der Kommissioun gëtt och hei no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt.

An d'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Charles Margue.

#### Rapport de la Commission de la Justice

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President, nach eng Kéier. Ech schléisse mech all deene Mercien un d'Mataarbechter an dem Ministère un, déi – hei ass elo deen drëtte Rapport fir de Moien – do matgeholfen hunn. Et war net ëmmer einfach. An ech erënneren och drun, dass mer zejoert am Summer eng net agreabel Entrevue haten, wou mer versicht haten, beim EPOO derduerch ze kommen. An dat war keen ... Wéi soll ech soen? Do ware mer relativ frustréiert, wéi mer herno heemgaange sinn an hu mussen eng Glacé iese goen, fir zou eis ze kommen. Klammer zou.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | D'Kanner sinn net méi do!

(Hilarité)

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Voilà, hei geet et elo ëm de Projet 7987 iwwert déi sougenannte PIF-Infraktiounen. D'Justizministes huet schonn drop higewisen. Mir hunn de Rapport och de

6. Juli eestëmmeg an der Kommissioun ugehall mat dem Accord unanime vun alle Sensibilitäten a Fraktiounen. Den Depot heivunnen war den 31. Mäerz 2022 vun der Justizministes. Den 11. Mee hu mer eis mam Text an der Kommissioun beschäftegt an de Rapporteur genannt. De Staatsrot huet säin Avis op Basis vum amendéierte Projet de 14. Juni eragereecht an den 29. Juni hu mer du kuerz an der Kommissioun duerno gekuckt, fir de 6. Juli de Rapport ofzeseenen.

Ëm wat geet et beim 7987? Ma et geet ëm d'Direktiv 2017/1371 vum Europaparlament a vum Conseil, déi aus dem Juli 2017 ass, „relative à la lutte contre la fraude portant atteinte aux intérêts financiers de l'Union au moyen du droit pénal“. Et ass alles an enger Logik an an enger Kontinuitéit, wat mer hei an deenen dräi Gesetzter ofstëmmen.

Dës Direktiv gouf schonn 2020 transposéiert a mir ajustéieren haut eng Rei Dispositiounen aus deem Gesetz.

Bei der Direktiv geet et drëms, gemeinsam Reegelen a Standarden ze applizéieren bei der Lutte géint Frauden, déi den Interesse vum EU-Budget schueden. Graff gesot, et geet also drëms, der EU hir finanziell Interesse wéi och dem Contribuabel seng Participatioun ze schützen.

Dem Parquet européen seng Kompetenze sinn och an där Direktiv definéiert. Meng Kolleegin Stéphanie Empain huet eis scho elo grad doriwwer méi gezielt.

Wéi gesot hu mer d'Direktiv schonn transposéiert mam Gesetz vum 12. Mäerz 2020. Weinst e puer Lacunne bei der Ëmsetzung ass dunn awer am Dezember 2021 e Brëif komm, wou eng Procédure d'infraction géint Lëtzebuerg lancéiert ginn ass. Fir eis Kopie ze verbesseren, dat geschitt eis ... A, se sinn net méi do, eis Schüler. Fir eis Kopie ze verbesseren, ajustéiere mer mat deem Gesetz d'Artikelen 240, 496 (1), 496 (3), 496 (4) vum Code pénal wéi och den Artikel 5-1 Paragraph 1 vum Code de procédure pénale.

Fir déi finanziell Interesse vun der EU ze schützen, freet d'Direktiv, dass all Persoun, all Persoun, an do geet et och ëm eis heibannen, déi investi d'un mandat officiel ass, muss an de Champs d'application vun de penalen Infraktiounen vun der passiver Korruptioun an dem Detournement drafalen. Dowéinst ännere mer den Artikel 240 vum Code pénal, bei deem et ëm den Detournement an d'Notze vu Fongen zu engem anere wéi deem geduechten Zweck geet, esou of – lauschtert gutt –, dass all Persoun, déi legislativ Fonctiounen op nationalem, regionalem oder lokalem Niveau ausübt, hei ausdrécklech mat abegraff ass.

Bei den Artikelen 496 (1), 496 (4) vum Code pénal huet eng explizit Referenz op de Budget vun der EU gefeelt, déi mer elo bäisetzen. A beim Artikel 496 (3) vum Code pénal ersetze mer eng Referenz, fir d'maximal Peinë bei de verschiddenen Typpe vu Frauden ze harmoniséieren.

Konkreet geet et an deem Artikel 496 (3) drëm, dass wann een eng Subventioun, eng Indemnitéit oder Allocatioun ganz oder zum Deel acceptéiert, awer wëssend, dass ee keen Urecht drop huet – also ech kréien eppes, an ech weess, dass ech et net zegutt hunn –, ee sech da strofffälleg mécht.

Hei gi mer da vun enger minimaler Prisongsstrof vun zwee Joer op e Minimum vu véier Joer, wéi vun der Direktiv gefrot.

Am Artikel 5-1 komplettéiere mer d'Lëscht vun den Infraktiounen, bei deenen d'Lëtzeburger an d'Residentë kënnen hei am Land poursuiviéiert gi fir Fäiten, déi am Ausland begaang goufen, och wa se do net

strofbar sinn an déi lëtzebuergesch Autoritéiten net mat enger Plainte saisiéiert goufen, wat en droit och wierklech e ganz weesentleche Punkt ass. Dës Modifikatioun huet dann och en enke Lien mat den territoriale Kompetenze vum Parquet européen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschtere vun deem net onbedéngt lichte Kascht um frëie Moien an, wéi gesot, ech widderhuelen, dass d'ganz Kommissioun mat alle vertruedene Fraktiounen a Sensibilitäten hiren Accord ginn huet zu deemem Projet.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Charles Margue.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministes Sam Tanson.

#### Prise de position du Gouvernement

**Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | Här President, ech soen och hei just dem Rapporteur an där ganzer Kommissioun Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Justizministes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7987. Den Text steet am Document parlementaire 7987<sup>4</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7987 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 6. 7124 – Projet de loi portant modification :

1<sup>o</sup> de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif ;

2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de la procédure devant les juridictions administratives ; en vue de l'institution d'un recours contre les décisions de sanctions administratives communales

## 7126 – Projet de loi relative aux sanctions administratives communales, à l'élargissement des compétences des agents municipaux et modifiant :

1<sup>o</sup> le Code pénal ;

2<sup>o</sup> le Code de procédure pénale ;

3<sup>o</sup> la loi modifiée du 28 juin 1976 portant réglementation de la pêche dans les eaux intérieures ;

4<sup>o</sup> la loi modifiée du 21 novembre 1984 a) portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg, d'une part, et les Länder de Rhénanie-Palatinat et de la Sarre de la République Fédérale d'Allemagne, d'autre part, portant nouvelle réglementation de la pêche dans les eaux frontalières relevant de leur souveraineté commune, signée à Trèves, le 24 novembre 1975; b) complétant l'article 1<sup>er</sup> B II de la loi du 26 février 1973 portant extension de la compétence des tribunaux de police en matière répressive ;

5<sup>o</sup> la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;

6<sup>o</sup> la loi modifiée du 9 mai 2008 relative aux chiens ;

7<sup>o</sup> la loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets ;

8<sup>o</sup> la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale

Mir kommen elo zu deene leschte Punkten um Ordre du jour vun haut de Moien, de Projet de loi 7124 an de Projet de loi 7126 iwwert d'Afféiere vun engem administrativen Sanktionssystem. D'gemeinsam Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht.

Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Georges Mischo, den Här Claude Lamberty, den Här Marc Hansen, den Här Roy Reding, den Här Marc Goergen an den Här Jeff Engelen.

An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dese Projets de loi, den honorablen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes sur le projet de loi n° 7126**

**M. Dan Biancalana** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wäert d'Rapporte vu béide Projet-de-loi maachen, den 7126 an den 7124.

De 4. Abrëll 2017 huet den deemolegen Inneminister de Projet de loi 7126 deposéiert, deen d'Kompetenze vun den Agents municipaux soll erweideren an administrativ Sanktiounen virgesäit, déi um Gemengeniveau kënnen agesat ginn, fir kënnen géint kleng Incivilitééte virzegoen a fir dat subjektivt Sécherheetsgefill ze stäerken. Dat entsprécht enger laangjäreger Demande aus dem Gemengesektor. Et ass deemno

och fir d'Gemengen haut e ganz, ganz wichtegt Gesetz, dat mer hei stëmmen. D'Gemengen, Dir wësst et, hunn zum Deel Polizeireglementer, fir Verhalensweisen ze verbidden, déi d'Sécherheet an d'Gesondheet vun anere beenträchtegen oder awer och d'Zesummeliwien erschwéieren. Se hunn awer selwer keng Méiglechkeet, géint d'Leit virzegoen, déi des Reglementer net respektéieren. Dofir ass d'Police zoustänneg.

Vill Gemenge bekloe sech, dass d'Police an der Praxis awer keng Zäit huet, fir deene Verstéiss nozegoen. A wann d'Police agräift, ginn esou Fäll ganz oft vum Parquet a senger Opportunité de poursuite klasséiert.

Bei de potenziellen Täter vermëttelt dat d'Gefill, dass si maache kënnen, wat se wëllen, dass si keng Récksiicht brauchen ze huelen op aner. An an der Bevëlkerung suergt dat net nëmme geleeëntlech fir Roserei. Et verstärkt och en diffuust Gefill vun Onsécherheet an Hëlleflosegkeet.

Et ass wichteg, dass mir dee Problem hei eescht huelen. Fir e gutt Zesummeliwien an en allgemengt Wuelbefannen ze garantéieren, brauche mer Reegelen a Méiglechkeeten, fir déi och duerchzusetzen. Am Eenzele gekuckt handelt et sech vläicht éischter ëm Klengegkeeten, mee am Cumul ka ganz kloer d'Liewensqualitéit staark beaflosst gi vun enger Minoritéit, déi op anereng Récksiicht hält.

De Problem ass laang bekannt an de Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmmen, huet bekanntlech, historesch gesinn, eng länger Virgeschicht, mee: „Was lange währt, wird endlich gut.“ Dofir si mer frou, dass mer doriwwer haut kënnen hei ofstëmmen. Sou war schonn 2008 e Projet deposéiert ginn, deen als Zil hat, d'Kompetenze vun den Agents municipaux ze erweideren. Dee Projet war un engem ganz kriteschen Avis vum Staatsrot gescheitert an huet missen zrëckgezu ginn. De Projet, kann ee soen, war reegelrecht ofgeschoss ginn.

Eng fundamental Kritik huet dora bestanen, dass den Droit pénal eng Matière réservée à la loi ass. D'Gemenge kënnen dofir net iwwert d'Gemenge-reglementer Verbueten aféieren, déi penal géife bestrooft ginn. An där Logik wier et just méiglech gewiescht, um nationale Plang eng Lëscht vu sanktionéierbarem Verhalen opzestellen. Dës hätt d'Gemenge-reglementer ersat a wier dann och iwwerall am Land déi selwecht gewiescht. An domadder hätt een awer och, dat muss ee soen, de Gemengen all Flexibilitéit an Handlungsspillraum ewechgeholl. De Problem, dass d'Police net ëmmer iwwerall ka sinn, ass dann natierlech domadder och net geléist.

D'Regierung ass dofir op en anere Wee gaangen. Mat deene Projets de loi, déi mir haut hei virleien hunn, kréien d'Gemengen d'Méiglechkeet vu Sanctions administratives an domadder och eng nei Handhab, fir de Problem unzegoen.

Och dese Projet huet missen e puermol och vun der neier Inneministesch amendéiert ginn, ier all Bedenke vum Staatsrot konnten ecartéiert ginn. Et koumen och ganz vill Avisen eran, virun allem vu ville concernéierten Acteuren, déi de Projet och an allen Etappe begleet hunn. Et huet een awer och an deene villen Avisen och eng gewësse Retizienz gespuert, well mat de Sanctions administratives en neie repressive Regimm nieft dem Strofrecht agefouert gëtt. Eng grouss Suerg vum Staatsrot a sengen Avise war och, dass d'Unitéit vum Droit pénal a Fro gestallt gëtt.

Eis belsch Noperen – a Lëtzebuerg huet sech un der Belsch inspiréiert – hunn awer säit 2013 ganz gutt Erfahrung gemaach mat de Sanctions administratives communales. D'Regierung huet sech och zu engem gudden Deel, wéi gesot, un deem Gesetz inspiréiert. Et sief nach gesot, dass och de Projet de loi, iwwert

dee mer haut hei befannen, net op Mannerjäreger uwenbar ass. Mir wollten hei Iwwerschnidunge mat de Jugendschutzbestëmmunge vermeiden.

**Une voix** | Très bien!

**M. Dan Biancalana** (LSAP), rapporteur | Här President, d'Zil vum Projet de loi ass eng Valoriséierung vun den Agents municipaux an d'Entlaaschtung vun der Police an der Justiz mat Hëllef vun engem einfache Sanktionsmechanismus, deen et erlaabt, Incivilitééte schnell an onbürokratesch mat enger klenger Strof ze beleeden.

E gesäit gläichzäitig och eng Prozedur vir, déi d'Recht op Recours vun de Betraffene garantéiert. Konkreet geet et hei iwwert e Katalog vu 17 Incivilitééiten, déi mat enger administrativer Strof beluecht kënnen ginn. D'Gemenge behalen eng gewësse Flexibilitéit, well si aus deem Katalog déi Mesuren erauswiele kënnen, déi op hirem Territoire och Sënn maachen. Si hunn also de Choix, aus deem Katalog déi Verhalensweisen erauszuhuelen, déi si administrativ sanktionéiere wëllen. Dat dréit och der Tatsaach Rechnung, dass eis Gemenge verschidde Charakteristiken opweisen an net all mat deene selwechte Problemer konfrontéiert sinn.

Besonnenesch fir méi kleng Gemengen dierft et interessant sinn, dass si gemeinsam een oder méi Agents municipaux kënnen astellen. A wann d'Gemengen déi nei Méiglechkeete wëllen notzen, mussen si allerdéngs e Polizeireglement opstelle respektiv hiert besteeënd Polizeireglement ersetzen. Si kënnen fir Verstéiss also ausschliesslech administrativ Sanktiounen an net, wéi bis elo, penal Strofe virgesinn.

Well dat awer fir Diskussiounen gesuergt huet, gouf dee Katalog am Laf vun der Legislaturprozedur och iwwerschaft. Zum enge geet et hei ëm net autoriséiert Benotzen a Verspäre vun der Voie publique, sief et duerch Opriichte vu Verkaafsstänn, Kaffisterassen, An- oder Ausluede vu Wueren oder och Chantieren oder awer och Poubellen oder Dreckstuten, déi entgéint besteeënde Reegelen ausgestallt ginn. Aner Verbueten betreffen de Kaméidi, wéi d'Méie vum Wues oder Bauaarbechten ausserhalb vun den erlaabten Zäiten oder ze haart Musek. Bestrooft gi kënnen Akte vu Vandalismus, sief et un den öffentliche Grénganlagen, der Belichtung, der Kanalisatioun oder Stroomleitungen, oder awer och Verhalen, duerch dat ee sech an aner a Gefor bréngt. Beispiller heifir si Feiermaachen op der Voie publique, Benotze vu Knupperten oder soss explosiv oder fumi-geen Matièren oder onerlaabt Betriede vun zougefruerene Weieren.

E puer Bestëmmunge betreffen d'Spillplazen an natierlech de vill a reegelméisseg zitéierten Hondsdreck um Trottoir an och op de Grénganlagen.

Wat d'Constatéiere vu Verstéiss ugeet, sou ginn d'Kompetenze vun den Agents municipaux erweidert op déi Faiten, déi dann am Polizeireglement vun der Gemeng festgehalde sinn. Si ënnerstinn dobäi och dem Schäfferot.

Doriwwer eraus kréien d'Agents municipaux ënner bestëmmte Bedingungen eenzel Funktiounen vum Agent de police judiciaire. Wa si déi entsprechend Formatioun hunn, kënnen si och am penale Beräich ënnert der Opsicht vum Procureur d'État bestëmmt Infractiounen engersäits recherchieren an anersäits och constatieren. Dat gëllt um Territoire vun hirem Gemeng, zum Beispill fir eng Rei eenzel Dispositiounen, notamment am Kader vum Gesetz iwwert d'Hënn.

Et gëllt awer och fir bestëmmte Contraventionen am Ëmweltberäich, notamment ëm de sougenannten – an



dat kenne mer och – Littering, wou d'Gemenge gären eng besser Handhab hätte géint Leit, déi hiren Dreck iwwerall leie loosse. Mat dësem Gesetz schafe mer och déi Méiglechkeet.

D'Bannhider vun haut wäerten hir Fonctiounen behalen, et ginn awer an dëser Bezeichnung keng nei Leit méi agestellt. D'Erweiterung vun de Kompetenzen vun den Agents municipaux ass besonnesch an den Avisen vum Staatsrot a vun den Autorités judiciaires op Kritik gestouss. Et gouf vill Bedenken, well d'Agents municipaux an alle Fäll musse richteg appreciieren, ob si et mat engem Fall vun enger Sanction administrative oder enger penaler Strof ze dinn hunn. Si mussen allkéiers déi richteg Prozeduren uwenden a gegebenfalls kann et och emol zu engem Cumul vu Verstéiss kommen, administrativ a penal.

Et ass och sécher gestallt, an dat war ëmmer eng Diskussioun och notament an der Kommissioun, dass mat der Kompetenzerweiterung keng „Police bis“ respektiv keng zweet Police hei entstoe soll. D'Gesetz gesäit an deem Kontext net nëmme vir, dass d'Agents municipaux méi Kompetenzen kréien, mee och, dass si entsprechend forméiert musse ginn. D'Gesetz trëtt dofir a senger Gesamtheit net direkt a Kraaft, mee sechs Méint no der Publikatioun. Dat erlaabt de Gemengen, hir Polizeireglementer engersäits emol unzepassen oder iwwerhaapt emol opzestellen. Et léisst awer och Zäit, d'Formatioun vun Agents municipaux ze organisieren, wat natierlech net onwichtig ass.

Kritesch Froe gouf et och zur Uwendung vun deenen neie Bestëmmungen an der Praxis. Sou kann den Agent municipal zwar d'Carte d'identité vun der Persoun froen, muss awer d'Police ruffen, wann dës sech weigert, se ze weisen. Den Handlungsspillraum vum Agent municipal bleift begrenzt, wann den Täter net op der Plaz ass, well e kee richtegen Droit d'enquête huet. Fir d'Detailer zu all deene Remarken, mengen ech, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Et gouf awer an deem Kontext besonnesch vusäit vum Syvicol eng Demande formuliert, fir d'Gesetz no enger gewëssener Zäit ze evaluieren an och gegebenfalls nozebesseren. Vu dass mer et hei mat enger ganz neier Approche ze dinn hunn, souwuel fir d'Agents municipaux, wéi awer och, mengen ech, fir d'Gemengen, wäert ech an dësem Sënn eng Motioun deposieren an ech wäert se och nach kuerz virstellen.

Här President, als Éischt wëll ech awer op d'Prozedur agoen, déi declenchéiert gëtt, wann en Agent municipal e Verstouss géint d'Polizeireglement vun der Gemeng feststellt an och am Kader vun enger Sanction administrative communale.

Den einfachsten an hoffentlech heefegste Fall ass deen, wou eng Persoun, déi bei enger Infraction erfaasst gëtt, einfach hire Feeler zougëtt. Si huet dann d'Méiglechkeet, direkt respektiv innerhalb vun zwou Wochen eng Taxe unique vu 25 Euro ze bezuelen. Wann dat geschitt, dann ass d'Affär ofgeschloss.

Falls déi selwecht Persoun d'Faite kontestéiert oder einfach net bezitt, kënn d'Affär virun e Fonctionnaire sanctionnateur, deen net vun der Gemeng, mee vum Ministère de l'Intérieur engagéiert ass. De Betreffende, deen d'Faite kontestéiert, gëtt vum Fonctionnaire sanctionnateur geruff a kritt d'Méiglechkeet, sech ze erklären an ze verteidigen, woubäi schrëftlech oder mündlech Zeienaussoe kënnen mat a Beuecht gezu ginn.

De Fonctionnaire sanctionnateur hält innerhalb vu véier Méint eng motivéiert Decisioun a leet eng verhältnisméisseg Strof fest, falls d'Faiten, déi den Agent municipal constatéiert hat, bestätegt ginn. An d'Strof

läit dann tëschent 25 an 250 Euro. Doduerch, dass nach 20 Euro Frais administratifs derbäikommen, ass dës Strof ëmmer méi héich wéi d'Taxe unique, wann een déi direkt bezuelt hätt.

### **Rapport de la Commission de la Justice sur le projet de loi n° 7124**

Géint d'Decisioun vum Fonctionnaire sanctionnateur gëtt et natierlech Recoursméiglechkeeten an déi fënn een am Projet de loi 7124, deen den 21. Mäerz 2017 vum deemolege Justizminister deposéiert gouf. Et geet also hei ëm de Recours, dee kann agereecht gi géint Decisiounen, déi administrativ Sanktiounen géint Persounen ausschwätzen. An der Praxis heescht dat also, dass de betroune Bierger kann e Recours géint eng Decisioun huelen, déi hie mat enger administrativer Strof trëfft a vum Fonctionnaire sanctionnateur fixéiert gouf. Pour rappel: Déi Sanktioun läit jo tëschent 25 an 250 Euro.

Fir datt dës Recoursprozedur net ze laangwiereg gëtt an den Tribunal administratif net mat ze vill Aarbecht zougekippt gëtt, gëtt eng schnell, vereinfacht an net deier Prozedur virum Tribunal administratif virgesinn. De betroune Bierger huet also ee Mount no der Notificatioun vun der administrativer Strof Zäit, säi Recours anzeleeën. A mat dëser Prozedur bleiwen also och d'Prinzipien vun der Rechtsstaatlechkeet, ënner anerem de Principe vum Contradictoire, bewaart.

Déi vereinfacht Prozedur huet e puer Charakteristiken. Esou mussen d'Parteie sech net vun engem mandatéierten Affekot representéiere loosse an de Recours ass suspensif. Donieft ass d'Prozedur mëndlech an d'administrativ Gerichtsbarkeeten halen d'Audience mat engem eenzele Riichter, wann et ëm de Recours geet. An d'Decisioun, déi d'Gericht och hält, ass en dernier Ressort. Et kann also kee Recours géint d'Decisioun vum Gericht geholl ginn.

Viru Gericht gëtt de Staat vun engem Fonctionnaire aus der A1-Karriär vertrauen. Dëse Fonctionnaire kënnt aus deem Ministère, deen d'Tutelle iwwert d'administrativ Autoritéit huet, déi d'administrativ Sanktiounen ausschwätzt, deemno aus dem Innenministerium.

Et sinn och, wat de Projet de loi 7124 ugeet, eng Rei Avisen erakomm, déi sech souwuel mam 7124 wéi och mam 7126 beschäftegt hunn. D'Chambre des Salariés huet en Avis erageschéckt an d'Chambre de Commerce. Si haten och weider keng speziell Remarken.

Den Tribunal administratif an d'Cour administrative hunn och hiren Avis eraginn a sinn op verschide Punkten agang. Den Tribunal administratif stellt awer och d'Méiglechkeet an Ausseicht, dass eng Gemeng e Recours en annulation kéint areeche. D'Gericht insistéiert och op eng Kommunikatioun vum administrativen Dossier un de betroune Bierger.

D'Cour administrative bemierkt och, dass sécherlech hir Charge de travail considerablement kéint an d'Luucht goen. De Syvicol huet och en Avis ofginn an ech mengen, him war et wichteg, dass de Fonctionnaire, deen de Staat viru Gericht vertritt a vum Innenministerium ass, op kee Fall dierf zäitgläich de Fonctionnaire sanctionnateur sinn. De Staatsrot hat ausser e puer Observatiounen keng speziell Remarken.

Här President, an den Avisen zu de béide Projet-de-loie gouf et eng generell Remark, dass d'Prozedur ze schwéierfällg wier, vu dass d'Zil ass, schnell an onkompléziert géint kleng Verstéiss kënnen virzegoen. Dat muss sech awer nach an der Praxis weisen, souwäit och déi verstärkten Zesummenaarbecht mat der Police. D'Erwaardung ass op alle Fall déi, dass aleng d'Tatsaach, dass kleng Incivilitéit bestrooft

kënnen ginn, hoffentlech dozou féiert, dass manner Infractionen zustane kommen. Et ass och ze hoffen, dass déi verhältnisméisseg kleng Taxe unique dierft dozou bäidroen, dass déi meeschte Leit och direkt bezuelen.

D'Gesetz huet awer net nëmme e repressive Volet. D'Gemenge kréien iwwert de Projet de loi 7126 och d'Méiglechkeet, en neie Service de proximité ze schaffen, an deem hir Agents municipaux op preventiv Missiounen kënnen agoen an och déi kënnen erfëllen: Risiken aschätzen, Hëllefstellunge bidden, Sécherheetsaufgaben am Kader vun der Organisatioun vun Eventer. Dat ass sécher, mengen ech, fir d'Gemengen och e flotten Outil, fir och dee Service kënnen ze gewärleeschten.

Finalemint ginn déi zwee Gesetzer de Gemengen also net nëmme en neit Instrument an d'Hand, fir hir Missiounen am Beräich vun der öffentlecher Sécherheet besser kënnen ze erfëllen. Et ass och eng ganz kloer Opwärtung vum Beruff vum Agent municipal, déi d'Lëtzebuerger emol méi, jo, an och emol manner frëndlech als „Pecherte“ bezeichnen.

D'Rapporte vun deenen zwee Gesetzer goufen d'lescht Woch an der Bannen- an och an der Justizkommissioun ugeholl. Wéi scho virdrun ugedeit, wëll ech zu deenen zwee Projets de loi eng Motioun deposieren.

### **Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

– *vu les objectifs des projets de loi n° 7126 relative aux sanctions administratives communales et à l'élargissement des compétences des agents municipaux et n° 7124 portant modification : 1° de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif ; 2° de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives ; en vue de l'institution d'un recours contre les décisions de sanctions administratives communales qui visent :*

- *l'établissement d'une liste d'infractions susceptibles de faire l'objet d'une sanction administrative au niveau communal qui pourront être insérées de manière facultative dans les règlements généraux de police communaux,*

- *l'élargissement des compétences des agents municipaux qui seront amenés à rechercher et à constater les infractions aux règlements généraux de police communaux sous la responsabilité des collèges des bourgmestre et échevins en ce qui concerne les infractions pourvues de sanctions administratives, et, sous la surveillance du Procureur d'État, de certaines contraventions sanctionnées pénalement,*

- *à décharger la Police grand-ducale et la Justice,*

- *l'introduction, dans le contexte des sanctions administratives, d'une procédure devant un fonctionnaire sanctionnateur et d'une procédure de recours simplifiée qui afin de garantir les droits de la défense ;*

– *considérant les avis concernant le projet de loi n° 7126 et les remarques et recommandations formulées par les différents acteurs concernés quant à la mise en œuvre de la future loi ;*

– *estimant que le nouveau régime des sanctions administratives constitue un changement de paradigme par rapport à la répartition traditionnelle dans l'ordre juridique luxembourgeois entre le rôle des autorités administratives et celui des autorités judiciaires ;*

– *consciente du fait que la mise en œuvre des lois en projet précitées demandera une bonne coordination entre la Police grand-ducale et les agents municipaux d'une part et entre les communes et le fonctionnaire sanctionnateur d'autre part,*

*invite le Gouvernement*

– *à effectuer une évaluation de la mise en œuvre et de l'efficacité des lois précitées trois ans après l'entrée en vigueur*

*de celles-ci et de procéder à une adaptation législative si nécessaire.*

*(s.) Dan Biancalana, Marc Hansen, Claude Lamberty.*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Biancalana.

**M. Dan Biancalana** (LSAP), rapporteur | Besonnesch de Projet de loi 7126 gouf jo vill diskutéiert, well mat der Erweiterung vun de Kompetenze vun den Agents municipaux, de Sanctions administratives an der neier Prozedur, déi domat verbonnen ass, jo hei zu Lëtzebuerg och Neiland betruede gëtt. Vill Froen an deene jeeweilegen Avisen hu sech op d'Ëmsetzung an der Praxis bezunn. D'Ziler vun deenen zwee Projet-de-loie sinn am Fong ganz kloer. Mir wëllen de Gemengen d'Méiglechkeet ginn, eng Rei vun deenen oft zitéierten Incivilitéite schnell an onbürokratesch ze bestrofen.

Mir wëllen awer och de Beruff vum Agent municipal opwäerten, hinne méi Kompetenze ginn an och esou d'Police an d'Justiz entlaaschten. Gläichzäiteg mussen awer och d'Rechter vun de Leit, déi e Verstouss géint e Gemengereglement virgeheite kréien, och am Kader vun enger Prozedur respektéiert ginn. An dofir kréie se och am Recours Asprochméiglechkeeten.

Mat eiser Motioun, déi hei d'Regierungsparteien ënnerschriwwen hunn, wëlte mer d'Regierung och opfuere, dräi Joer nom Akraafttriede vum Gesetz ze iwwerpräiwen, wéi d'Ëmsetzung an der Praxis funktionéiert, ob déi Ziler, déi mer eis hei setzen, an deenen zwee Gesetzter erreicht ginn, an ob punktuell Adaptatiounen néideg wieren, fir déi nei Prozedure méi effikass ze maachen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Rapporteur Dan Biancalana.

An als éischte Riedner ass den honorablen Här Georges Mischo ageschriwwen.

**Une voix** | O!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Mischo, Dir hutt d'Wuert.

**Une voix** | Très bien!

**Discussion générale**

**M. Georges Mischo** (CSV) | Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Alleréisch wollt ech dem Rapporteur, dem Dan Biancalana, villmools Merci soe fir säin detailléierten a gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport.

**Une voix** | Très bien!

**M. Georges Mischo** (CSV) | Uff! Endlech! Endlech fënnt de Projet de loi 7126 de Wee an d'Chamber an et ass net ze fréi an och net vu Muttwëll.

Dëse Projet de loi geet op d'Joer 2008 an den Depot vum Projet de loi 5916 zrëck a gëtt haut no engem ganz laange Wee debattéiert. Driwwer diskutéiert gëtt scho vill méi laang. Dass dëse Projet de loi haut ofgestëmmt gëtt, freet net nëmmen eis als Parlamentarier, mee virun allem d'Gemengeresponsabel an eis Agent-municipallen, awer och eng ganz Rei Awunner an Awunnerinnen aus eise Gemengen.

Déi Däitsch ..., awer och den Här Biancalana sot elo just esou schéin: „Was lange währt, wird endlich gut.“ Ech soen awer: „Was zu lange währt, wird hoffentlich gut.“ Als Buergermeeschter hunn ech, zesumme mat menge Kolleegen aus dem Schäfferot, dem deemolegen Inneminister am September 2018 e Bréif geschéckt, fir nozefroen, wou de Projet de loi 7126 dru wier. De fréieren Inneminister huet mech du perséinlech ugeruff an en huet mer op Escher gesot, dass mir sollen ophale mat Bréiwerschreiwene, well de

Projet de loi nach virun de Wale géif duerch d'Chamber goen. De Minister hat mir awer just vergiess ze soen, wat fir eng Walen hie gemengt huet, well knapp véier Joer méi spéit ass et dann elo endlech esou wäit an ech sinn iwwerzeegt, dass et hei bei alle Gemengepolitiker e grousst Opootme gëtt, an dat net just bei deene grouss Gemengen.

Ech muss awer soen, dass ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Mischo, erlaabt Der, dass den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

**M. Georges Mischo** (CSV) | Ech hu mech schonn drop gefreet.

*(Hilarité)*

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här Mischo, mir hu jo vill Gespréicher mateneen iwwer Telefon an och aner, perséinlecher Natur. Dir hutt mer effektiv e Bréif geschriwwen, dat ass richtig. An ech hunn Iech och ugeruff, well dat zur Disziplin vum engem Minister gehéiert, wann e Buergermeeschter engem e Bréif schreift, dass ee mat engem iwwert de Problem schwätzt.

An ech hunn Iech deemools gesot an dat ass och haut nach ëmmer richtig: Wann de Staatsrot säin Accord gëtt, da gëtt dee Projet gestëmmt. Dir wësst awer, dass dee Projet de loi, deen ech deposéiert hunn, eng ganz Rei vu Bemerkunge kritt hat vum Staatsrot, déi hu missen iwwerschafft ginn. An dat ass och geschitt am Accord an an der Kollaboratioun mat alle Gemengeverantwortlechen, mam Syvicol, soudass mer haut endlech, an do ginn ech Iech Recht, dëse Projet diskutéiere kënnen.

Also sot wannechgelift alles, wann Der schonn aus private Gespréicher zitéiert.

**Plusieurs voix** | O!

*(Brouhaha)*

**M. Georges Mischo** (CSV) | Also ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kersch. An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Georges Mischo.

**M. Georges Mischo** (CSV) | Jo, merci. Also e Privatgespräch war et jo net. Dir hutt jo elo just gesot, dass Der als Minister de Buergermeeschter ugeruff hutt, an Dir waart ganz optimistes, dass et nach sollt 2018 duerch d'Chamber goen. Mee soit. Mir sinn, wéi gesot, alleguerter frou, dass et haut dann endlech zum Vott kënnt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Georges Mischo** (CSV) | Voilà! Also, well knapp véier Joer méi spéit ass et dann elo endlech esou wäit an ech sinn iwwerzeegt, dass et bei alle Gemengepolitiker e grousst Opootme gëtt an dat net just an deene grouss Gemengen.

Ech muss awer och soen, dass et eis als CSV och mat der aktueller Inneministes nach net séier genuch gaangen ass. Ech wëll hei just rappeléieren, dass d'Madam Boffering d'Kompetenzerweiderung Ufank Abrëll 2021 virgestallt huet. A mir sinn elo Mëtt Juli 2022. Am „Tageblatt“ vum 10. August 2021 hat de Journalist nach ganz optimistes geschriwwen, dass d'Gesetz nach sollt 2021 gestëmmt ginn.

Fir en uerdentlecht Zesummeliewen an eise Gemeng mussen Sécherheet, Salubritéit an awer och Rou garantéiert sinn. Sou ass et och an eise Gemengereglementer festgehalen, d'Buergermeeschteren an d'Buergermeeschterinne sinn dofir responsabel. Bis elo konnt just d'Polizei agräifen, wann deen een oder anere sech net un d'Reegele gehalen huet.

Bis haut konnt d'Agenten – an dat sinn der ronn 230 a 40 Gemengen am ganze Land – nëmmen de

rouende Verkéier, also d'Falschparke bestrofen. D'Agenten goufen och emol, wéi zu Esch an an anere Gemengen, virun der Schoul postéiert, fir an Uniform Presenz ze markéieren an deem engen oder aneren Elterendeel kloerzemaachen, dass se hiert Kand net kéinten an de Klassenall féieren. Mee méi war hinnen net erlaabt.

Wann de Vott haut positiv ausgeet, an dat wäert jo mat Minimum 31:29 de Fall sinn, ginn d'Kompetenze vun den Agenten däitlech erweidert. Et sinn nämlech 17 Feelverhalten, déi d'Agenten kënnen an Zukunft sanktionéieren. Dat geet vu Wissméien zu onméiglechen Zäiten, ze haart Musek, iwwer Op- an Ofueden op Plazen, wou et net erlaabt ass, Terrassereglement vun der Gemeng ëmsetzen, Hondsdreck net ewech maachen, Dreckskëschen zu falschen Deeg eraussetzen, Free-defeier ouni Erlabnis ofschéissen, Blummen an Infrastruktur vun der Gemeng muttwëleg futti maachen an esou weider an esou weider.

Dat si fir Gemenge lästeg Delikter, déi bis elo ongestrooft waren an hu missen akzeptéiert ginn, déi och munchmol an eenzele Fäll richtig Sue kascht hunn.

D'Gemengen hu mat deem neie Gesetz awer och d'Recht, aner Infraktiounen duerch hiert Gemengereglement ze definéieren. D'Agenten kréien elo méi Kompetenzen, méi Befugnisser, mee sinn awer keng Alternativ zur Police, mee just eng Ergänzung.

Op där anerer Säit entlaaschten d'Agent-municipallen awer d'Police däitlech mat Sanktionéiere vun esou klengen Delikter. Dat ass dann awer op Käschte vun de Gemengefinanzen, well d'Agenten vun de Gemengen agestellt a bezuelt ginn.

Wann de Projet de loi 7126 haut gestëmmt gëtt, ginn d'Aufgabeberäicher vun den Agent-municipallen ëmmer méi grouss, d'Police gëtt, wéi scho gesot, entlaascht, mee de finanziellen Opwand fir d'Gemenge gëtt awer vill méi grouss.

Do kënnen mer eis als CSV eng finanziell Kompensatioun gutt virstellen. D'Gemenge kréien an de leschte Joren allgemeng méi Aufgaben, déi jeeweileg Dotatiounen ginn awer leider net an d'Luucht.

Et ass fir eis als CSV ganz kloer, dass d'Gesetz muss prezis definéieren, wat den Agenten hir Kompetenze sinn a wat och net. Et därefer keng hallef Saache gemaach ginn. A genee do si mer eis net ganz sécher, dass alles gemaach ginn ass.

Mir begrëssen als CSV awer, dass den Amendement iwwert de Littering mat an den Text komm ass. Mir fannen dat eng gutt Saach, well mir dat als CSV ëmmer an ëmmer erëm gefuerdert hunn. E Bemoll, dee souwuel de Staatsrot wéi och de Syvicol bedauern, ass d'Feele vum Pouvoir d'enquête, eppes, wat mer als CSV natierlech bedauern. Vläch kann do, no enger éischter Evaluatioun vum Gesetz, eppes adaptéiert ginn.

Wat mir als CSV begrëssen, sinn déi preventiv Aufgaben, déi d'Agenten och sollen duerchféieren. Et muss nämlech net ëmmer repressiv sinn. Et muss net ëmmer direkt eppes kaschten. An do kënnt dann och d'Formatioun an d'Spill. D'Formatioun vun den Agenten war och ëmmer nees en Thema. An och dat gouf duerch d'Amendement verbessert. Och wann d'Formatioun nach net optimal ass, muss weider un dëser spezifischer Formatioun geféilt ginn. A well duerch déi nei Kompetenzen nach méi Konfliktpotenzial besteet wéi bis elo an d'Agenten jo bestëmmt keng Kamellen ausdeele ginn, muss do gutt dru geschafft ginn.

A genee wéi d'ASAM, d'Gewerkschaft vun den Agent-municipallen, fuerdere mir als CSV, dass no zwee oder dräi Joer eng Evaluatioun vum Gesetz gemaach



gëtt, fir eventuell Adaptatiounen ze maachen. A mir wieren och frou gewiescht, wa mer eventuell bei der Motioun vum Här Biancalana gefrot gi wieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Georges Mischo** (CSV) | Mat all deene Mesuré wäerte mer de Beruff vun den Agenten op an dat bréngt mech dann op eng vu mengen zwou éischte Froe fir d'Inneministesch, well d'Opwärtung vum Beruff heescht fir vill Leit och eng Opwärtung vun der Pai. Ass eng nei Karriär an domadder eng nei Bezuelung oder eng aner Bezuelung virgesinn? Oder gëtt just un eng Upassung vun der Pai no uewe geduecht?

Genee wéi de Syvicol si mir als CSV der Meenung, dass d'Sanktiounen reegelméisseg mussen vum Inneministère op de Leescht geholl ginn, well eis Welt entwéckelt sech ëmmer weider an domadder leider och d'Incviliteité vun de Leit.

Wat eis och nach beim Projet de loi 7126 stéiert, ass de Fait, dass d'Gemenge sech mussen ëm déi administrativ Demarchë këmmern, wat e weideren Opwand fir d'Gemengepersonal ass a wat d'Gemengen och alt erëm indirekt Sue kascht.

Et wier eiser Meenung no méi logesch gewiescht, de Staat hätt sech ëm d'Andriewe vun de Protokoller bekëmmert. Mee wat géif eis Regierung ouni eis Gemenge maachen?

**Une voix** | Très bien!

**M. Georges Mischo** (CSV) | D'Froen, déi ech der Inneministesch awer och nach wëll stellen, sinn: Wéini sinn déi éischt Agenten operationell? Well eng vun den Aufgaben ass jo och, am Noutfall éischt Hëllef ze leeschten, an ech si mer sécher, dass net all Agent eng Éischt-Hëllef-Formatioun huet. Wéi soll d'Zesummenaarbecht mat der Police ausgesinn an organisiert sinn? A wéi soll si am Optimalfall ausgesinn?

No ronn 50 Zeitungsartikelen vun 2015 bis 2021, no x Entrevü mam Syvicol, mat der FGFC, mat der ASAM, mat Gemengeresponsablen, mat der Police, mat der Justiz ginn haut endlech Neel mat Käpp gemaach. Bleift awer ofzewartarden, wéi gutt déi Neel sinn an ob se net séier raschten.

Ausserdeem bleift eng Rei Froen op, op déi d'Inneministesch hoffentlech haut äntwere kann. Dass d'Ëmsetzung vum Projet de loi 7126 eis als CSV dättelech ze laang gedauert huet, brauch ech hei net nach eng Kéier ze soen. Mir hoffen als CSV, dass dat neit Gesetz derzou bäidréit, dass eis Matbiirger a Matbiirgerinne sech méi sécher a méi wuel an hire Gemenge fillen an dass de Projet de loi 7126 dat hält, wat e verspricht.

Fir e flott a gemeinsaamt Zesummeliewen an eise Gemengen a virun allem fir eis Awunner an Awunnerinnen, awer och, well et e weidert wichtegt Instrument fir d'Gemengen ass, dat eis a verschiddene Punkten net wäit genuch geet, stëmmt d'CSV dës zwee Gesetzzer mat, mee bleift awer kritesch, wat d'Ausféierung an d'Evaluatioun vum Projet de loi 7126 ugeet.

Merci!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mischo. Dann huet den Här Dan Biancalana eng Fro.

**M. Dan Biancalana** (LSAP), rapporteur | Nee, et ass net eng Fro, et ass just eng Remark, déi ech dem Här Mischo wollt maachen.

Effektiv, mir sinn eis eens, dass mer hei Neel mat Käpp maache mam Depot vun dësem Projet de loi säit 2017. Ech wëll just bemerken: 2008 hat d'LSAP net den Inneministère an et war e Projet de loi do, dee komplett ofgeschoss ginn ass an net méi opgeholl ginn ass. Et ass awer kloer, ...

(Interruption par M. Georges Mischo)

... dass d'LSAP hei Neel mat Käpp mécht.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Biancalana, fir déi Prezisioun.

**M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV) | D'LSAP war awer trotzdem mat an der Regierung.

**M. Fernand Etgen**, Président | An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Claude Lamberty.

**M. Dan Biancalana** (LSAP), rapporteur | 2008 hat d'CSV den Inneministère.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions diverses)

**Une voix** | Sot, den Här Halsdorf soll Iech d'Geschicht erklären, Här Kersch!

**M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV) | Mir waren zesummen an der Regierung, Här Kersch. Mir waren zesummen an der Regierung.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Et ass 9.30 Auer. Kommt, mir kommen erëm zum Grondgedanke vun de Moien zrëck!

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Dunn ass den Här Kersch nach an der kuerzer Box hannert der Musek gelaf.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech widderhuelen: Den Här Schaaf huet net d'Wuert, mee den Här Lamberty.

**M. Claude Lamberty** (DP) | Dir dierft awer heibleiwen. (Hilarité)

Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, wéi dat elo gesot ginn ass – ech fänken einfach mat enger Remark un –, dunn hunn ech mech gefrot an ech sot zu meng Bänknoperen: „Gëtt et eigentlech iergendeen Gesetz, dat ze séier kënnt?“ An ausser d'Coronagesetzer, wou mer wierklech séier waren, mengen ech, kéint een eigentlech bei all Gesetz soen, et kéint méi séier kommen, och wann ech bei dësem elo wierklech frou sinn, dass et elo do ass, well et huet jo effektiv eng Zäit gedauert.

(Interruption)

Gësch hunn ech hei op der Tribün vun der Geschierkëscht vun der Police geschwat a wat do alles dran ass a wat do och muss gekläert sinn, fir dass de Bierger eng gréisstméiglech Form vu Sécherheet ka garantéiert kréien. Eleng déi beschte Geschierkëscht geet awer net duer, wann ee Faktor net matspillt, an dat ass de Faktor vun der Manpower. Déi néideg mënschlech Ressourcë mussen do sinn, fir déi villfältig Aufgaben a Missiounen betreffend déi allgemeng Sécherheet kënnen ze iwwerhuelen.

Elo denkt Der Iech vläicht: „Firwat fänkt en dann elo haut de Moie mat der Unzuel u Polizisten um Terrain un?“ Ma well ech der Meenung sinn, dass dat, wat mir haut stëmmen, wuel en Deel dozou bäidréit, dass eis Manpower allgemeng, déi eis zur Verfügung steet fir eis effentlech Sécherheet, also dass déi Manpower vill méi effikass wäert kënnen ginn. Ech erkläre mech.

Oft genuch hunn ech an de leschte Joren d'Remark vu ganz ville Gemengepolitiker, vun alle Faarwen iwwregens, héieren: „Wa mir eis Agents municipaux net hätten, wär viles méi komplizéiert um Terrain!“ Ma genesou oft hunn ech awer och héieren: „Oft genuch sinn eisen Agents municipaux einfach d'Hänn gebonnen! Si hunn do einfach keng Kompetenzen, obwuel si jo sur place sinn, an da kënnen se eigentlech just d'Police ruffen. An déi, déi hunn oft genuch eppes anescht ze dinn, besonnesch wann et ëm

Klenggekeete geet.“ A genee dorobber reagéiere mir haut!

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Lamberty** (DP) | Wann ech „haut“ soen, da muss een awer derbäisoen, an dat ass jo elo schonn thematiséiert ginn, dass et schonn 2008 eng éischt Initiativ gouf, d'Kompetenze vun den Agenten ze erweideren. An ouni elo nach eng Kéier an den Detail ze goen, soen ech de Saz dann och, deen ech preparéiert hat: „Was lange währt, wird endlich gut.“ Dat schéngt eng gutt Floskel ze sinn.

Et gëtt op alle Fall e Moyer geschaaft, fir kënnen aktiv um Terrain Klenggekeeten unzegoen. Vill vun eis heibanne sëtzen oder souzen op alle Fall a Gemengereit, an ech si mir sécher, dass si alleguerten, an net just si, haut erlichtert sinn, dass d'Gemengeresponsabel nei Méiglechkeete kréien, fir hiren Awunner an der Gemeng eng nach besser Garantie fir Sécherheet kënnen ze bidden.

Et ass fir eis als Demokratesch Partei an allen Hiisichten eng Win-win-Situatioun. Mir entlaaschten d'Police. Mir entlaaschten d'Justiz. Mir stäerken d'Sécherheetsgefill vun de Bierger. A mir wäerte gläichzäiteg de Beruff vum Agent municipal op.

E puer allgemeng Remarken.

D'Police huet scho méi laang net genuch Leit, fir all hire multiplen Aufgaben um Terrain nozekommen. An esou kënnt et da schonn emol vir, dass besonnesch d'Gemengereglementer net kënnen kontrolléiert ginn, well et einfach un Zäit an u Personal derfir feelt.

A well esou ëmmer manner Verstéiss géint d'Police-reglementer kënnen sanktionéiert ginn, huet sech och e gewëssene Laissez-faire oder e Laissez-aller agebiergt, deen dann trotzdem awer fir Gegrommels an och deelweis Frustratioun, op d'mannst punktuell, dobaussue suert. A mat dësem Gesetzestext ginn elo eng ganz Panoplie un administrative Sanktiounen festgehalten.

Wat ass do de Virdeel?

Mir entlaaschten als Éischt emol, wéi gesot, d'Personal vun der Police. Et ass jo effektiv quasi en double Emploi! Den Agent municipal, deen ass all Dag, all Dag a senger Gemeng um Terrain ënnerwee. E stellt och all Dag, soen ech emol, eppes fest a kann haut bei villem näischt maachen, ausser den Telefon eraushuelen an d'Police ruffen. Déi kommen dann an déi stellen dann dat selwecht fest. An esou banne mir direkt souwuel den Agent municipal wéi och d'Policepatrull sur place op enger Aktioun. Dat nennt ee verlueren Zäit a verlueren Ressourcen. An ech mengen, bëides ass an den haitegen Zäiten en extreem wäertvoll Gutt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Lamberty** (DP) | Mir valoriséieren awer och op eng ganz staark Manéier den Agent municipal. War dee bis elo an enger ganzer Rei vun Aktiounen eppes wéi en, kommt, mir nennen et emol „zahnloser Tiger“, nämlech en Agent, dee vun der Gemeng ugestallt ass an deen och konkret eppes konnt feststellen, wat net engem Reglement entsprécht, tjo, an e konnt näischt maachen, bis seng Kolleeg vum der Police koumen!

An elo, elo kritt den Tiger Zänn an en dierf eppes maachen, wann e feststellt: Dat do entsprécht net dem Gemengereglement. Natierlech kann en net alles maachen, mee trotzdem kann en eng ganz Rei vu konkrete Faite sanktionéieren.

Wat d'Kompetenzerweiderung vum Agent municipal ugeet, kënnen déi jeeeweileg Gemengereit bis zu

17 Verstéiss definéieren, déi da kenne als Sanctions administratives vum den Agents municipaux geaandet ginn. Et gëtt also eng administrativ Strof.

Nieft der Kontroll vum sougenannte rouende Verkéier, also der klassischer Aufgab vum Agent municipal ... De Rapporteur Dan Biancalana huet virdrun och dovun geschwat: Déi eng schwätze méi positiv, déi aner an engem manner positive Sënn vum Pechert. Déi klassischer Aufgab bleift, mee et kommen eeben nei Aufgaben derbäi. Dorënner fallen esougenannten Incivilitäten, wéi den Hond net un der Léngt halen, den Hondsdreck net oprafen, mee och zum Beispill, wann een op d'Iddi kënnt, e Feier op der Voie publique ze maachen oder, an dat soll jo och emol virkommen an dat ass manner schéin, wann zum Beispill um 10.00 Auer owes een an der Noperschaft mengt, et wär immens flott ze méien.

An dat klénge elo vläicht no Klenggekeeten, mee et ass awer wichteg am Fonctionnement vum Zesummeliewen an der Gemeng, wann s de Agent-municipallen hues, déi och dierfen agräifen, wa Bierger sech net u Reglementer halen.

Bei dëse bis zu 17 Verstéiss kënnen d'Agents municipaux an Zukunft also eng Amende administrative ausstellen. Ee Punkt, deen immens wichteg ass, an dorunner wëll ech erënneren, ass, dass Mannerjäger net kenne sanktionéiert ginn. Och do hat den Dan Biancalana als Rapporteur dat schonn thematiséiert.

An ier ech et herno vergiessen, wëll ech em emol op dëser Plaz e grouse Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport ginn.

**Une voix | Très bien!**

**M. Claude Lamberty (DP)** | Fir der Autonomie communale gerecht ze ginn, sinn déi bis zu 17 Verstéiss, déi d'Gemenge festleeë kënnen, natierlech fakultativ. De jeeweilige Gemengerot decidéiert selwer, wat fir Verstéiss a senger Gemeng Sënn maachen, wou um Terrain reellen Handlungsbedarf besteet a wat an d'Reglement gehéiert.

Et hätt ee sech kenne virstellen, fir d'Kompetenze vum Agent municipal weider auszubauen, hinnen nach aner Aufgaben unzevertrauen. Mee do soen ech awer och ganz kloer: Mir ginn haut e Schrëtt no vir! An dat heescht net, dass een an Zukunft net nach vläicht Schrëtt no vir geet. Mee et kann een och net ëmmer alles bis an d'Onendlecht kucken, wat vläicht nach alles méiglech wär. Et soll een dës Reform elo emol positiv entgéintkucken an d'Virdeeler gesinn, déi dës Kompetenzerweiderung mat sech bréngt.

Här President, wa mer vum der Kompetenzerweiderung vum Agent municipal schwätzen, dierfe mer déi nei preventiv Aufgaben och net vergiessen. Ech hu mer vu Leit vum Terrain soe gelooss, dass dat am Fong mat déi wichtigst Kompetenzerweiderung wier. Endlech hätte si kloer definéiert preventiv Aufgaben am Beräich vun der Sécherheet bei de Schoulen zum Beispill, der Sécherheet vun de Foussgänger an och bei ëffentleche Festivitéiten.

D'Méiglechkeet, an dat ass och scho gesot ginn, bei Chantieren de Verkéier ze regelen, fält och drënner: eng Verbesserung a puncto Sécherheet fir d'Bierger op alle Fall.

Dat sinn deelweis keng nei Aufgaben, mee se stounge bis elo néierens. Net ze vergiessen och déi verschidde Formatiounen, déi d'Agents municipaux an Zukunft musse maachen. Et geet do ëm Éischt Hëllef, Poursuite pénale, Deeskalationstraining, Sécurité routière. An do si mer bei engem Punkt: Formatioun ass an alle Beräicher, an alle Beruffer ëmmer immens wichteg, an ech mengen, och an der Karriär vum Agent municipal.

Här President, e wichtegen Aspekt vum der Kompetenzerweiderung vum Agent municipal ass ouni Zweifel d'Entlaaschtung vum der Police; ech hunn et elo schonn e puermol prezisiéiert. Iwwer Joren hunn d'Gemengen op méi Policepresenz um Terrain gedréckt, just dass d'Police haut leider net déi néideg Effektiver huet, fir där Demande kënnen nozekommen.

An esou sinn iwwert d'Joren aus kleng Problemer dacks méi grouss ginn. Aus Exceptionen ass eeben op Plazen d'Reegel ginn. Aus klengen Incivilitäten sinn der ëmmer méi ginn, well een dacks d'Gefill hat, et géif keen Hunn duerno kréinen. Et war jo egal!

Här President, et gouf jo emol gefaart, dass duerch dës Kompetenzerweiderung, dass dat esou kéint interpretéiert ginn, dass mer elo zu Lëtzebuerg nees eng Zort vun zweeter Police kriten. Dat wäert eiser Meenung no kloer net de Fall sinn. Genee wéi d'Douane, d'Naturverwaltung, d'ITM, fir der elo just e puer ze soen, wäerten d'Agents municipaux hir Aufgaben hunn, ouni dofir eng Police ze sinn.

Mir stäerken d'Agents municipaux, andeems mer hinne konkreet Kompetenze ginn, fir um Terrain géint kleng Incivilitäten virzegoen, Incivilitäten, déi bis elo net richtig sanktionéiert konnte ginn. Dat kënnt dem Zesummeliewen an eiser Gesellschaft allgemeng sécherlech zegutt.

Här President, ee vun de wichtigsten Aspekter vum Gesetz: Mir stäerken d'Sécherheetsgefill an d'Wuelbefanne vun de Leit, well d'Sécurité mat déi wichtigst Prioritéit vun de Gemengen a vun de Gemengeresponsabellen ass.

Mir wëllen och hei keng iwwerdrifwe „Law and order“-Strategie aféieren, mee nees méi Uerdnung an och méi Kontroll an d'Zesummeliewe vun der Gesellschaft an der Gesellschaft bréngen.

Nieft der Kompetenzerweiderung vum Agent municipal gi mam Projet de loi 7124 och verschidde juristesche Upassungen gemaach. Ech ginn net an den Detail. Dat huet de Rapporteur exzellent a senger Aarbecht gemaach.

Als DP begrëisse mir awer, dass hei d'Méiglechkeet vun enger Voie de recours virun de Juridictions administratives geschafe gëtt, fir géint Sanktiounen virzegoen. Doriwwer eraus ass et luewenswäert, dass déi betraffe Persoun sech bei engem Recours ka selwer vertrieden an dofir net onbedéngt muss bei en Affekt goen.

Am Resümee: Mir hunn eng Kompetenzerweiderung a Stärkung vun den Agents municipaux, déi net d'Zil huet, eng ongesond, disproportionéiert Uerdnung a Repressioun anzeféieren. Mer schafen eng Win-win-Situatioun. D'Police an d'Justiz ginn entlaascht, d'Sécherheetsgefill an d'Wuelbefanne vun de Bierger gi gestärkt, de Beruff vum Agent municipal gëtt opgewäert.

D'Agents municipaux kënnen sech duerch Formatioun an hirem Beruff weiderentwéckelen. D'Gemenge kréien endlech d'Moyenen, fir hirer Aufgab am Beräich vun der ëffentlecher Uerdnung a Sécherheet nozekommen. D'Police muss net méi weinst Bagatellen op d'Plaz geruff ginn. Schnell an onbürokratesch handelen ass hei eng Premiss.

Dat Gesetz hei ass net op éiweg a Stee gemeesselt. Et muss wéi anerer regelméisseg op de Leescht geholl ginn an un d'Entwécklung vun eiser Gesellschaft ugepasst ginn.

Als Demokratesch Partei begrëisse mir dofir d'Motioun vun den dräi Majoritéitsparteien, fir den Text no dräi Joer ze evaluéieren.

Dat gesot, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der DP-Fraktioun.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**Une voix | Ganz gutt!**

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Lamberty. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Hansen (déi gréng)** | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als fréiere Gemengerot zu Käerjeng weess ech, mat wéi engen alldeeegleche Problemer d'Gemenge konfrontéiert sinn, an datt dréngend Besoin besteet, fir Léisungen ze fannen, déi derfir suergen, datt d'Anhale vun de kommunale Policereglementer och ka kontrolléiert an duerchgesat ginn.

Wie kennt et net? Zigarettestëmpercher, déi wärend den alldeeegleche Gemegebotsaktiounen zu Honneren opgeraapt ginn, eng richtig Plo! Och den Depot vun Offall an den ëffentleche Raum ass ëmmer méi heefeg. A wann ech mat mengen Hënn trëppele ginn a gesinn, wéi vill Leit hiren Hënn hir Hondsdrecker net oprafen, reegt dës Respektloskeet mech op.

Vu geféierlechem Auto- a Parkchaos virun de Schoule bei Schoulufank a Schoulschluss guer net ze schwätzen! An et gëtt nach etlech aner grouss a kleng Incivilitäten, wéi se hei am Projet genannt ginn.

D'Gemengen, déi laut Gesetz zoustänneg si fir d'ëffentlech Uerdnung, d'Sécherheet an d'Salubritéit an de Gemengen, gesi sech, wéi gesot, ëmmer méi domadder konfrontéiert, datt d'Policereglementer vun de Gemengen net kontrolléiert ginn an d'Infraktiounen doduerch net sanktionéiert ginn.

Dëst huet zwou Ursachen. Engersäits huet d'Police net genuch Leit, fir dës Missioun korrekt kënnen ze leeschten. A wa se e Procès-verbal maachen, dann huet dat deelweis keng Suitten um Geriicht, well och déi deelweis iwwerlaascht sinn.

Anerersäits hunn d'Agents municipaux, déi am Volleksmond „Pecherten“ genannt ginn, well hir Missioun sech momentan just op d'Kontroll vun de Stationnementsreglementer resuméiert, net genuch Kompetenzen, fir all d'Infraktiounen aus dem Policereglement ze kontrolléieren an ze sanktionéieren respektiv e Procès-verbal ze schreiwen.

Mir wëssen awer genau, datt gesetzlech Normen a Reegelen musse kenne kontrolléiert a sanktionéiert ginn, wa se hiren Effekt sollen hunn. D'Situatioun ass momentan sécherlech a kenger vun eise Gemengen zefriddestellend. An ouni elo wëllen e Spillverdiwer ze sinn, muss ee realisteschere soen, datt och déi zwee Gesetzesprojeten, déi mir haut virleien hunn a wäerten unhuelen, dat natierlech net zu 100 % wäerte kënnen errechen. Mee dat brauche se och net, well si sinn nämlech keng eenzel Moosnam. Si sinn Deel vun engem vill méi breede Mesurëpak, un deem déi verschidde betraffe Ministère schaffen.

Als Gréng begrëisse mer, datt mam Projet 7126 d'Agents municipaux d'juristesche Kompetenz kréien, fir Verstéiss géint d'lokal Policereglementer kënnen ze kontrolléieren an ze sanktionéieren. Domadder schafe mer net nees eng kommunal Police, wéi et se nach virun 100 Joer gouf, mee mir ginn de Gemenge complementaire Méiglechkeeten, fir kënnen derfir ze suergen, datt d'Gemengereglementer och agehale ginn an domat d'Police an d'Justiz och entlaascht ginn, déi sech dann op aner wichteg Missiounen kënnen konzentréieren.

**Une voix | Tres bien!**



**M. Marc Hansen** (déi gréng) | D'Police verléiert duerfir awer keng vun hire Kompetenzen op lokalem Plang an huet do weiderhin hir Roll ze spillen. Duerfir ass et nieft dësem Projet de loi och immens wichtig an och en Deel vun der Léisung fir d'Gemengen, datt de Policeministère momentan grouss Ustrengungen ënnerhëlt, fir d'Moyenen, d'Gebaier, d'Material a virun allem och d'Zuel vun de Polizisten dättelech eropzesetzen.

Den Objektiv ass, fir bis 2026 ronn 621 Polizisten an 240 zivill Mataarbechter anzustellen. An dat ass och schonn intensiv um Lafen. D'Policeschoul ass, laut mengen Informatiounen, mëttlerweile komplett ausgelascht a schafft um physische Maximum.

Dës verstärkten Astellungsstrategie a Kombinatioun mat enger besserer Organisatioun wäert et der Police ab elo erlaben, méi Presenz um Terrain ze weisen, méi Kontrollen ze maachen, méi preventiv ze schaffen, an dat grad och am Dialog mat de Bierger a Biergerinnen an de Gemengeresponsabelen.

An als drëtte Volet mat engem klore Link zum Thema vun haut muss een dann och dee rezent vum Justizministère proposéierten neie legal Kader fir d'privat Sécherheitsfirme gesinn. Do gouf a gëtt et jo an eenzele Gemengen ëmmer nees Kontroversen. An och viru Geriicht gouf et schonns Affären zum Asaz vu private Sécherheitsfirmen. Duerfir ass et a Verbindung mat der Ausweitung vun de Kompetenze vun den Agents municipaux och extreem wichtig, datt méi kloer definéiert gëtt, wat dës Firma wou an ënner wéi enge Konditiounen dierfen a wat se net dierfen.

Als Gréng begrësse mir dës Ausweitung vun de Kompetenze vun den Agents municipaux an d'Schafe vum neien Dispositif vun de Sanctions administratives, y inclus d'Integratioun vun der bisheereger Bannhinderfonctioun an d'Karriär vun den Agents municipaux.

Dës ass eng Reform, op déi scho laang gewaart gëtt a wou et och scho laang kloer Fuerderunge gëtt, notament vum Syvicol a vun den Agents municipaux selwer. Gradesou laang ass ee sech dem Konfliktpotenzial mat de Kompetenze vun der Police an enger Rei rechtlecher Hürde bewosst. Dowéinst ass och den éischte Versuch vun 2008 gescheitert, dee Projet de loi vun den CSV-Ministère Frieden an Halsdorf, deem 2013 och nees vun den CSV-Ministère Biltgen an Halsdorf zrëckgezu gouf.

A senge Rapporten zu den neien Texter geet den Dan Biancalana op d'Komplexitéit vum Dossier an, eng Komplexitéit, déi och schonns eleng duerch dee ganz laangen Intitulé vum Projet de loi 7126 siichtbar gëtt. Insgesamt modifizéiert dësen eenzele Projet de loi ganzer aacht Gesetzter vum Code civil a Code pénal, dem Fëschereigesetz an dem Hondsgesetz bis zur Of-falllegislatioun an dem Polizeigesetz.

Ech wëll op dëser Plaz dann och dem Rapporteur Dan Biancalana Merci soe fir seng explizitt Rapporte souwuel fir de Projet de loi 7126 wéi de 7124, wat et mir erlaabt, net mussen op d'Technicitéit vun dësen Texter anzegoen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Hansen** (déi gréng) | Datt dës Reform d'Hürd vum Staatsrot schlussendlech gepackt huet, freet sécherlech all Deputéierte mat kommunalpolitescher Kap heibannen, och wann nach etlech Froen opstinn a virun allem dem Staatsrot seng grondsätzlech Bedenken iwwert d'Aféierung vun esou engem Dispositif op kommunalem Niveau net konnte komplett ausgeraumt ginn.

Et ass awer wichtig, datt mer dës Projet trotzdem elo stëmmen an um Terrain ëmsetzen. Ech si mer

zimmlech sécher, datt et no den éischten Erfahrungen um Terrain nach zu Nobesserunge vum Gesetz oder enger Upassung vun der Lëscht mat de 17 Infraktiounen wäert kommen. Mee dat ass sécherlech besser, wéi dës laang ugekënnegt Kompetenzerweiderung nach weider Joren um Instanzewee schleefen ze loossen.

Kolleginnen a Kollegen, d'Augmentatioun vun den Incivilitäten an der Gemeng féiert zu engem subjektiven Onsécherheetsgefühl bei der Populatioun an zur Frustratioun bei de lokale Mandatairen, wat de Besoin vun Agent-municipallen, déi permanent kënnen visibel um Terrain present sinn an déi gewësse Kompetenzen hunn, fir den Ordre public ze garantéieren, méi grouss mécht. Duerfir sinn d'Regierung an déi eenzel Ressortministère vu Police, Justiz an hei elo Interieur jo beméit, fir d'Sécherheetsgefühl am öffentliche Raum ze stäerken a besonnesch um Gemengenniveau ze verbesseren.

Wéi ech schonns agangs sot, et geet hei net drëms, eng „Police bis“ ze schaffen, mee e Service, dee complementaire ass zu der Policeaarbecht. Dës war och esou am Projet de loi vun der CSV vun 2008 ugeduecht, wou mat alle Moyene probéiert ginn ass, ze evitéieren, datt eng lokal Police sollt entstoen, wéi se 1930 ofgeschaaft ginn ass.

Et geet, wéi gesot, prioritär drëm, kleng Verstéiss géint Gemengereglementer kënnen ze sanktionéieren, an dat mat esou mann Bürokratie wéi méiglech an ouni d'Police an d'Justiz domadder méi ze belasteschen, respektiv der Police hir Alldagsaarbecht ze erliichteren an och den Drock vun de Justizautoritéiten ewechzehuelen, andeems elo eng Rei Saachen am Virfeld iwwert de Regime vun den administrative Sanktiounen vun den Agents municipaux respektiv vum Fonctionnaire sanctionnéateur ofgewéckelt ginn.

Grad och mat der Expressprozedur, et kéint ee bal soen TGV-Prozedur, vun den Taxes uniques vu 25 Euro kréien d'Gemengen eng relativ einfach an attraktiv Prozedur.

De Projet de loi 7124 zum Recours géint d'Sanctions administratives an de Projet de loi 7126 iwwert d'Erweiterung vun de Kompetenze vun den Agents municipaux hunn awer net just als Zil, den haitegen Agents municipaux d'Méiglechkeeten ze ginn, fir an hire Gemengen Infraktiounen kënnen feststellen, déi am Gemengepoliceréglement mat administrativen oder penale Sanktiounen beluecht sinn, mee si hunn, wéi vum Rapporteur och erkläert, och d'Zil, de Gemengen ze erlaben, mat dësen Agenten och e Service de proximité kënnen unzibidden, dee Sensibilisatiounsaarbecht ka maachen an idealerweis duerch d'Presenz um Terrain d'Sécherheetsgefühl lokal ka verbesseren an den Outsourcing vun esou Missiounen u privat Sécherheitsfirme ka verhënneren.

Zousätzlech kréien déi Agenten, Agents municipaux, déi de Promotiounsexame maachen, änlech Befugnisser wéi déi haiteg Bannhider, där hir Karriär mat dësem Gesetz auslaffe gelooss gëtt.

Als Gréng fanne mir och grad dee Volet immens wichtig a pertinent. Dës extra forméiert Agents municipaux kréien och am Beräich vum Fëschereigesetz, Hondsgesetz an dem Littering wichtig Kompetenzen a si kënnen och de Constat vun deene Verstéiss maachen, fir déi d'Policeréglement penal Sanktiounen virgesäit a souguer fir verschidden Delikter.

Mir wëssen awer allegueren, datt net nëmmen d'Kontroll an d'Sanktiounen néideg si respektiv datt eng repressiv Politik eleng keng Problemer léist.

Fir déi gréng ass et duerfir extreem wichtig, datt mat dësem Projet d'Sensibilisatiounsaarbecht vun den Agents municipaux net vergiess gouf an datt

d'Méiglechkeet vun engem kommunale Service de proximité geschaaft gëtt. Wichtig Punkte sinn hei d'Sécherheet bei de Schoulen, Evenementer, geféierlech Situatiounen mellen a generell de Leit hëllefen. Dës ass zwar scho gemaach ginn, ass awer elo iwwert d'Gesetz festgehalten.

Dir Dammen an Hären, mat dësem Projet de loi gi Froe gekläert wéi: Wien däerf wéini wat constatéieren? Wie kann et da wéi sanktionéieren? Wéi gëtt bezuelt? Wéi ass et mam Recours?

Realistescherweis muss ee soen, datt duerch déi vill Acteuren – Agents municipaux, Police, Fonctionnaires sanctionnateurs a Gerichter –, déi betraff sinn, an duerch déi nei Prozedur an deen neie Modell vun de Sanctions administratives dës Projet noutgedrongen e Kompromiss ass, bei deem net all Fuerderunge vun alle Säite konnten iwwerholl ginn. Op dëser Plaz wëllt ech och speziell dem Syvicol e grouse Merci soe fir seng vill Iwwerleeungen, Remarken an detailléiert Avisen, och wann net all seng Proposen de Wee an dës Projet de loi fonnt hunn. Duerfir froe si jo och no enger reegelméiseger Evaluatioun, fir d'Effikasitéit vum System ze analyséieren an do unzepassen, wou et Problemer gëtt.

Als Gréng gesi mir dat och esou. Ech hat dat jo och schonn ugedeit, a mir hu jo och eng entsprechend Motioun virleien.

Eng net oninteressant Propos vum Syvicol, déi d'Bestrofung vu klengen Infraktiounen kéint positiv ergänzen, ass, grad wéi an der Belsch, niewent den administrative Sanktiounen och d'Méiglechkeet vu Biergerleeschungen oder enger lokaler Mediation anzeféieren. Mir fannen dat eng interessant Iddi, déi een och eng Kéier kéint analyséieren.

E weidere wichtige Punkt fir eis ass, datt d'Agents municipaux verpflichtet ginn, eng Formatioun an och Formation continue an de Beräicher Preventioun vun der Delinquance, Sensibiliséierung vun der Populatioun, Sécurité routière an Éischt Hëllef ze maachen, fir hir erwidert Attributiounen och kënnen kompetent auszeüben.

deéi gréng fannen et immens wichtig, datt déi Leit, déi fir d'Gemengen am öffentliche Raum solle fir Sécherheet suergen, gutt ausgebild sinn, besonnesch well si elo vill méi am direkte Kontakt mam Bierger wäerte sinn. Dialog a Feigefill sinn hei wichtig Aspekter, fir net permanent a Konflikt mat de Bierger ze kommen an hinne an Erklärungen kënnen ze ginn, fir weider Infraktiounen ze evitéieren.

Här President, ech wëllt dann awer och nach op e puer Punkten agoen, déi deene Grénge besonnesch um Häerz leien.

Do geet et engersäits ëm de Littering, eng Plo, déi ëmmer méi grouss gëtt. Duerfir huet den Ëmweltministère de 24. Juni och d'Campagne „Remix nature – but not like this“ lancéiert, fir fir dës grave Problem ze sensibiliséieren.

Wann ee gesäit, wat dës Deeg um Stauséi lass ass, wou Leit ongenéiert hiren Dreck op den ofgeleeënste Plaze grad wéi op den offizielle Plagen einfach leie loossen, da weess een, datt et urgent ass, datt dësen Text gestëmmt gëtt. D'Police kann dat net eleng regelen, well si hu scho genuch mat der chaotescher Verkéierssituatioun ze dinn, wou sech gradesou ongenéiert beholl gëtt.

De Stauséi an der Héichsaison ass e gutt Beispill, wou d'Police an d'Agent-municipalle sech kënnen ergänzen an eng koordinéiert Approche unhuelen. De Littering ass awer net nëmmen um Stau eng Plo, mee och alldeeglech an de Gemengen. Illegal Depote vu Knascht op Parkingen oder Honnerten Zigarettstëmpercher um Buedem sinn zwee Beispiller.

D'Agents municipaux können duerch hir Presenz um Terrain hei direkt intervenéieren a sanktionéieren an awer och sensibiliséieren a vläicht och bei méi quoquelege Situatiounen deeskaléierend awierken.

Den Haaptacteur ass a bleift awer d'Police. Wéi scho gesot ass déi awer net breet genuch opgestallt, fir all den Infrastrukturen aus dem Policereglement an all de Besoinen u Presenz um Terrain an u Sensibiliséierungsarbecht können nozegoen. Och wann de Policeminister massiv rekrutiert, wäert dëst trotzdem net vun der Police können iwwerall gemaach ginn. An do kommen dann déi nei Agents municipaux an d'Spill.

Als Gréng si mir op jidde Fall der Iwwerzeegung, dass d'Sécherheet an d'Iwwerwachung vum öffentliche Raum sollen an öffentliche Hand bleiwen. An ech ginn dovunner aus, dass doriwwer heibanne Konsens besteet.

Duerfir plädéiere mir derfir, dass gutt ausgebildeten Agents municipaux am öffentlichen Raum solle fir e gutt Sécherheitsgefühl suergen an dass dës wichteg Mission net u privat Sécherheitsfirmen geoutsourcet gëtt.

Fir déi gréng kréien d'Gemenge mat dësen zwee Projet-de-loien e wichteg a laang gefrotent Instrument an hir Geschierkäsch geluecht. Et ass e wichtige Schrëtt an déi richteg Richtung, a mir wëllen all deenen, déi mat vill Geduld an der Ausarbeitung vun den Texten bedeelegt waren, e grouse Merci soen.

An domat ginn ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun zu deenen zwee Projet-de-loien.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Marc Hansen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Fir unzefänke wëll ech dem Här Dan Biancalana en häerzleche Merci ausschwatze fir säin exzellente schriftlechen a mündleche Rapport.

Als ADR begrësse mer dëst Gesetz, well et eng Rei Virdeeler mat sech bréngt, déi et de Gemengen an Zukunft méi einfach mécht, fir séier an effikass géint divers Verstéiss kënne virzegoen, déi bis elo praktesch ongestrooft bloufen.

Ech wëll an deem Zesammenhang betounen, dass Delikter wéi onnéideg Verschmutzung, Littering, Vandalismus, Kaméidi a weider Steierung vum öffentlichen Liewen traureg Phänomene sinn, vun deenen haut keng Gemeng méi verschount bleift, sief dat am städteschen oder am ländlechen Raum. Wéi mer dat iwwert déi lescht Jore geseh konnten, ginn dës Phänomene leider ëmmer méi heefeg.

Ech erënneren an deem Kader zum Beispill un déi rezent Opreegung an der Stauséigemeng, wou Leit ongenéiert d'Natur voll mat Dreck getässelt hunn. Et ass kee Geheimnis, dass eis Police elo schonn dacks iwwerlaascht ass an et fir si dacks schwierig bis onméiglech ass, alle klengen Delikter nozegoen.

Kleng Delikter, wa se net bekämpft ginn, kënne sech awer séier zu engem méi groussen Delikt entwéckelen. Ech erënneren hei zum Beispill un déi onsäglech Fäiten, wa Persounen hire Müll illegal ofstellen, wat mat sech bréngt, dass anerer hinnen et nomaachen, an dann huet ee ganz séier Müllbirger dolenien.

Duerch all déi opgezielten Delikter entwéckelen d'Birger berechtigterweis e grouse Frust, dee sech zousätzlech verschäerft, wa si d'Gefill hunn, dass

einfach näischt passéiert. Mir erwaarden eis also vun dësem Gesetz eng wirklech Verbesserung vun esou Situatiounen.

Wa mer och vun dësem Gesetz iwwerzeegt sinn, esou bleift dach nach eng Rei oppe Froen oder Remarken, déi ech hei wollt awer kuerz uschwätzen.

*(Mme Djuna Bernard prend la présidence.)*

De Staatsrot an d'Autorités judiciaires hu ganz zu Recht drop higewisen, dass sech dëst Gesetz plazeweis an enger rechtlecher Grozon beweegt. Et geet notament ëm d'Kohärenz vun der Stroßverfolgung. De Staatsrot schwätzt vun engem méiglechen Interessenkonflikt tëschent dem traditionelle Stroßrecht an domat tëschent de Kompetenzen vun den Autorités judiciaires op där enger Säit an dem Corps de police municipale op där anerer Säit, déi nieft der Police agéieren.

Eng weider Onkloerheet besteet allerdéngs bei der Formation vun de Gemengenagenten. Wa mir dës Beamten zum Deel déi selwecht Befugnisse wéi der Police iwwerdroen, geet et da wirklech duer, dass si just un enger Zousatzformation deelhuelen? D'Autorités judiciaires werfen an deem Kontext ganz zu Recht déi Fro op, ob d'Agenten an deem Fall net integral déi selwecht Formation wéi d'Police-beamte misste kréien, wa si déi selwecht Aufgaben ausféieren. D'Gewalt- an Aggressionspotenzial beim Feststellung vun Delikter sollt ee wirklech net ënnerschätzen, an d'Beamte mussen iwwer all déi néideg Kompetenzen verfügen, fir hirer Aarbecht op eng professionell Manéier kënne nozegoen.

E weidere Problem, dee sech stelle kéint, ass, dass d'Gemengenagenten, wa si a verschiddene Gemengen hirer Aarbecht noginn, och ëmmer mussen am Bild sinn iwwert déi jeeweileg Bestëmmungen, déi dës spezifesch Gemeng grad getraff huet. Do muss ee jo wëssen, dass d'Gemengen de Kader selwer kënne upassen. Hei dierf et net zu engem Duerjernee kommen.

Een Thema, dat eis als Partei och staark beschäftegt, ass iwwerdeems de Littering. Hei ass aktuell e Reglement an der Maach, wou bei Littering Strofe bis zu 1.000 Euro gefrot kënne ginn. An eisen Aen ass et ze begrëssen, dass d'Strofen hei ugepasst ginn. Fir nëmmen ee Beispill ze nennen, et ginn der Honnerten oder vläicht nach méi: Mir hunn am Éislek zum Beispill eng Strooss tëschent Clief an dem Duerf Mecher, wou reegelméisseg ee Camion kéint geféllt gi mat Dreck, deen do ofgelagert ass, wat d'Leit absichtlech maachen. D'Gemengebeamte kënne awer an deem Fall just eng Stroß aussprechen tëschent 25 an 250 Euro. Hei bräicht et och eng Upassung an eventuell souguer eng Kompetenzerweiderung fir d'Gemengenagenten, well de Phänomene Littering ass wirklech dramatesch.

Ofschléissend wëll ech nach d'Suerg vum Syvicol mat op de Wee bréngen, dee fäert, d'Gemenge kéinte séier un hir Grenze stoussen, wa si sech integral selwer ëm d'Beaarbechtung vun de Verwaltungsstrofe këmmere mussen. Dëst wär e risegen administrativen Opwand, an hei sollt de Staat eng Hand vläicht mat upake respektiv dës Aufgab iwwerhuelen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als ADR bleiwe mer hei weiderhi vum Notzen a vun der Noutwendegkeet vun dësem Gesetz iwwerzeegt. Am Hibleck op déi rechtleche Onkloerheete begrësse mer awer déi Motioun, déi elo abruucht gouf, dass dëst Gesetz periodesch muss analyséiert an evaluéiert ginn.

Wann dëst Gesetz bis a Kraaft ass, wäert sech zousätzlech um Terrain weisen, wou weider Onkloerheeten a Problemer bestinn. D'Gemenge mussen an engem

rechtlech kloer definéierte Kader schaffen kënne. Des Weidere si mir der Meenung, an dat hu mir och scho bei anere Gesetzesprojeten ëmmer erëm betount, dass mir eng eenzeg Police zu Lëtzebuerg hunn a brauchen.

Zu der Kompetenzerweiderung vun de Gemengebeamte soe mir kloer Jo. Mir wëllen awer och eng kloer Kompetenzofgrenzung, soudatt dës Gesetzesprojet och rechtlech d'Schinn hale kann.

Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet an ech soen Iech Merci fir Äert Nolauschteren.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Här Engelen. An déi nächst agedroe Riednerin ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Madamm Presidentin. De Beruff vum Agent municipal, och Pechter genannt, ass keen einfachen. Mir haten do och eng Entrevue mat der ASAM, an déi hunn eis ganz vill Beispiller genannt, wou et wirklech net esou gutt ass.

Ech weess och, dass et oft zu konfliktsituatiounen kënnert beim Constatéieren vu Contraventionen, wéi zum Beispill am Zesammenhang mam Falschparken. D'Leit maachen e Feeler, si sech däärs eigentlech och nach bewosst a loossen trotzdem hire Frust an Ierger um Pechter aus, deen de Feeler nëmme constatéiert huet. Esou Situatiounen sinn absolut net erfreenlech.

Am Kader vun dësem Projet de loi gouf dofir zu Recht d'Fro opgeworf, wéi een dës Beruff méi valoriséiere kéint. Mir als déi Lénk hätte begrësst, wann een de Fokus dorobber geluecht hätt, an d'Richtung vun engem Service de proximité ze goen, sous condition vun den entspreche Formationen, déi iwwerengs och vun hinne selwer, vun de Pecherten, gefuerdert gi sinn an och immens wichteg sinn, fir dass d'Leit besser a méi forméiert ginn.

Méi prezis gesot heescht dat – ech zielen hei just e puer Punkten op –, dass d'Agents municipaux hëllef géifen, zur öffentlichen Sensibiliséierung bäizetroen, andeems si d'Leit zu all méiglechen Geforen informéieren a sensibiliséieren, preventiv Aarbecht leeschten, andeems si iwwer méiglech Verstéiss géint Gesetzzer a Reglementer opklären, oder zur Informatioun a Berichterstattung iwwer Sécherheits-, Ëmwelt- a Stroosseproblemer bäidroen, andeems si déi zoustänneg Services vun de Gemengen an dem Staat informéieren.

De Service de proximité ass en Deel vum öffentlichen Déngscht an net ze vergläiche mat zum Beispill private Sécherheitsfirmen, wier also ganz am Licht vun der Sensibiliséierung an der Preventioun ze gesinn, mat dem Schwéierpunkt, dee géif um Dialog mat de Leit leien.

Madamm Presidentin, wann elo, wéi virgesinn, d'Agents municipaux verschidde Situatiounen constatéieren kënne, déi mat administrative Geldstrofe sanktionéiert ginn, a sous condition, dass si och d'Kompetenz kréien, zum Beispill de Procès-verbal vu Contraventionen vun de rechtlechen Dispositionen am Gemengereglement ze maachen, dann ënnersträicht dat kloer, dass de Schwéierpunkt op d'Sanktionéieren geluecht gëtt. Genée wéi zum Beispill bei der Thematik vun der Injonction d'éloignement denkt een nees, dass ee mat harter Hand fir Disziplin an Uerdnung suerge muss.

Fir eis ass et allerdéngs e Fakt, dass uniforméiert Beamten, déi sanktionéieren, weeder edukativ nach sozial Mesuren ersetze kënne, an et awer grad dës Mesur sinn, déi als Éischt ugewannt sollte ginn, fir e



friddlecht Mateneen an enger Gesellschaft ze erméiglechen. Natierlech gëtt et och ëmmer erëm Leit, déi et net besser wëssen an déi da misste sanktionéiert ginn.

Ech ginn awer hei e Beispill zur Illustratioun: De Punkt 15 vum Artikel 3 vum Projet de loi soll et de Gemengen elo erlaben, déi Bierger mat enger administrativer Geldstrof ze sanktionéieren, déi hir Dreckskëscht virun der Zäit, déi vum Gemengerot festgeluecht gouf, op den ëffentleche Wee virun d'Hausdier setzen. Sinn dat wierklech Situatiounen, déi mir nëmme mat enger direkter Sanktioun geléist kréien? Ech weess net, wéi Dir dat all handhaabt, mee wann ech do e Problem hunn, sichen ech d'Gespréich mat mengem Noper a mir probéieren eng Léisung ze fannen.

Do si mer eebefalls nees bei der Iddi vum Service de proximité an der Fro, ob et net méi effikass wier, d'Leit an enger éischter Linn ze informéieren an ze sensibiliséieren, dass et zum Beispill festgeluechten Auerzäite gëtt, an dass een dann eng Peine de police riskéiert, wann een déi weiderhin net beuecht. Firwat also direkt ëmmer sanktionéieren?

Madamm Presidentin, wéi an diversen Avisen opgeworf, beinhalt dëse Projet de loi och e grouse Risiko vun Inkohärenz. Ënner anerem stellt sech d'Fro, wéi eng Krittären dann elo rechtfertegen, dass genee dës 17 virgesinne Situatiounen mat enger administrativer Geldstrof sanktionéiert ginn an aner änlech Verhalen weiderhi mat enger Peine de police, wou mer jo awer dann am Droit pénal bleiwen.

Ech ginn nees e Beispill: Den Artikel 19 vum Stater Gemengereglement verbitt, den ëffentleche Fridden duerch exzessiivt Gejälz a Kaméidi ze stéieren. Hei riskéiert een eng Peine de police, wat bedeit, dass mir am Droit pénal sinn. De Punkt 5 am Artikel 3 vum Projet de loi gesäit vir, dass een am ëffentleche Raum net duerch Radioen an aner elektronesch Mëttelen den ëffentleche Fridden duerch eng ze haart Lautstäerkt stéieren dierf. Hei riskéiert een eng administrativ Geldstrof. Wat rechtfertegt déi ënnerschiddlech Qualifizierung tëscht dësen zwou zimmlech vergläichbare Situatiounen? Ass den Ënnerschied tëscht engem Verhalen, dat laut Artikel 3 duerch eng administrativ Geldstrof sanktionéiert gëtt, an dem Verhalen, dat weiderhin duerch eng Peine de police sanktionéiert gëtt, net zimmlech artifizieell an inkohärent?

Madamm Presidentin, ofgesi vun der Fro, ob et net méi effikass wier, fir fir d'Éischt ze sensibiliséieren an ze informéieren, amplaz direkt ze sanktionéieren, stellt sech och d'Fro vun der Effikassitéit, wann ee sech eenzeg an eleng op déi virgeschloen Dispositiounen konzentréiert. Wéi am Projet de loi festgehalten, huet en Agent municipal, dee reng d'Kompetenz huet, fir d'Infraktiounen ze constatéieren, déi zu administrative Geldstrofe féieren, awer kee Pouvoir d'enquête.

Een Avis verweist dofir zu Recht op d'Fro, wéi dann elo dësen Agent municipal déi responsabel Persoun ausfënneg mécht, wann hien zum Beispill constatéiert, dass een Etablissement aus dem Horeca-Secteur seng Terrass iwwert dee vum Gemengerot definéierte Perimeter eraus opgeriicht huet. Gëtt hei den Employé bestrooft, deen d'Terrass installéiert huet, oder wäerte mir deen oder déi sichen, déi d'gesetzlech Entscheedungsmuecht vun deem Etablissement hunn? Am leschte Fall: Wéi wäert den Agent municipal weinst dem Mangel u Pouvoir d'enquête déi responsabel Persoun bestëmmen?

Eng aner Onkloerheet betrëfft d'Identitéitskontrollen. Den Artikel 5 vum Projet de loi gesäit vir, dass den Agent municipal bei Infraktiounen, déi mat enger

administrativer Geldstrof sanktionéiert ginn, eng Identitéitskontroll maachen dierf. Heifir dierf den Agent municipal allerdéngs nëmme d'Identitéitskaart froen. A wa sech d'Persoun weigert, riskéiert si zwar eng Amende pénale vu 25 bis 250 Euro, mee fir d'Identitéitsverifizierung muss d'Police geruff ginn. Wat geschitt dann elo, wann d'Persoun, ier d'Police op der Plaz ass, einfach weidergeet, fortleeft? D'Weigerung, d'Identitéitskaart ze weisen, ass eng Contravention a keen Delit oder Crime. Mir sinn also ganz wäit ewech vum Zenario, deen am Artikel 43 vum Code de procédure pénale festgehalten ass.

De Commentaire des articles preziséiert hei: „Si la personne ne veut pas se laisser conduire devant un officier de police judiciaire, l'agent municipal ne dispose pas lui-même de moyen pour l'emmener, mais est obligé à appeler un officier de police judiciaire.“

De Parquet resuméiert dat Gesotent mam Saz: „[S]i la personne refuse de s'identifier à l'égard de l'agent municipal et continue son chemin, en attendant le déplacement sur les lieux de la police, le constat de l'infraction et sa poursuite risquent fort d'être compromis.“ Et bleiwen also awer nach vill oppe Froen.

Weider muss ee sech froen: Wann Der de politesche Courage wierklech gehat hätt, fir den Agents municipaux effektiv méi Pouvoir ze ginn, fir déi aldeegleche Incivilitééte voire Contraventionne kënnen ze recherchieren, ze constatéieren an ze poursuivieren, dann hätt Der se kënnen a missen direkt an déi eenzel Spezialgesetzter mat draschreiwene, wou de Gros vun deene 17 Punkten hei an enger änlecher Form souwiso schonn dra virgesinn ass a wou genau Prozedure vun der Recherche bis zum Catalogue d'avertissements taxés schonn existéieren, esou wéi d'Agents municipaux voire d'Bannhider vun engem gewëssene Grad u scho méi laang drastinn, wéi zum Beispill am Environnement, an den Dechets oder an der Fëscherei.

Stattdesse gëtt elo hei probéiert, d'Rad nei ze erfannen, an eng schwéierfällg, onpraktikabel an alles wéi net simplifizéiert Procédure administrative – Schilda lässt grüßen! – gëtt erfionnt, déi weeder d'Agents municipaux, d'Police, d'Justiz nach d'Gemengen an notament d'Gemengereceveuren arrangéiert. A wann et d'Zil sollt gewiescht sinn, fir eng Prozedur ze fanne voire ze erfannen, wéi d'Gemengen hir administrativ Sanktiounen dann elo endlech selwer an autonom kéinten ophiewe respektiv fir d'Gemengenautonomie an deem Punkt hei mordicus ze erhalen, andeems all Gemeng elo selwer kann decidéieren, wat fir eent vun deene schlussendlech awer national virgeschriwwene 17 Feelverhalten dann elo schlussendlech an hirer Gemeng als Contravention ugesi gëtt oder net an/oder och dierf sanktionéiert ginn oder net, spréch, ech ginn nees e Beispill, ob et zum Beispill eppes kascht, wann en Hond zu Biele op en Trottoir kack, an et awer näischt kascht, wann dee selwechten Hond dee selwechte Koup op Escher Territoire dréckt. Da muss ee soen, dann hutt Der d'Erreeche vun Ärem Zil hei gänzlech verkackt!

*(Brouhaha et interruption par M. Dan Kersch)*

O, Här Kersch!

*(Hilarité)*

Här President, ech denken, ech iwwerraschen dann och keen, wann ech soen, dass mir an dëser Form de Projet de loi net matstëmme kënnen, wuel wëssend, dass eis Agent-municipallen dankbar sinn, dass no esou laanger Zäit, well et dauert scho vun 2008 un, iwwerhaupt eppes geschitt ass.

Fir eis wär do nach vill Loft no uewe gewiescht, fir en uerdentlechen Text ze presentéieren. Mir soen awer dem Dan Biancalana e grouse Merci fir säin

exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. An, wéi gesot, mir stëmme dat hei net mat. Mir sinn awer ganz d'accord mat der Motioun, déi d'Majoritéit op den Dësch geluecht huet, well mir denken – d'Gesetz gëtt jo esou oder esou gestëmmt –, dass et awer immens wichteg ass, dass am An ze behalen an och ëmmer erëm mat deene Leit, déi wierklech um Terrain awer geplot sinn, notament och d'Gemengen, net nëmme d'Agenten, a Récksprooch ze kucken, wéi een dat heiten dann awer punktuell kann a soll verbesseren.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Madamm Presidentin, ech ginn elo net nach eng Kéier op d'Zäitschinn a vum Gesetz, mee haut stëmme mer méi Kompetenze fir d'Agents municipaux, wat mer begrëissen. D'Gemengebeamte kréien domadder an Zukunft méi Kompetenzen, fir déi verschidden Infraktiounen kënnen ze bestrofen. Dat ass eng Léisung fir ganz vill Problemer, déi och a ganz villen Diskussiounen a leschter Zäit an der Chamber an de leschte Joren hei opkomm sinn. Dofir ass et hei haut eigentlech e ganz erfreelichen Dag, well dëse Gesetzestext haut d'Hürd vum Parlament wäert huelen.

Et si kleng Faiten, déi se elo wäerte kënnen bestrofen, 17 Stéck. Se goufen alleguerte schonn eng Kéier genannt. Ech hat mer der och nach e puer opgeschriwwene: Hausdéier net roueg, Hecke blockéieren, nach eng Kéier den Hondsdreck net ewechmaachen, dass ass schonn eng Kéier alles genannt ginn. Dat Eenzeg, wat eis als Partei nach erfreet hätt, wär, wann zum Beispill méi Déiereschutz dra gewiescht wär, dass d'Agenten och hätte kënnen kontrolléieren, wa mam Déiereschutz eppes falsch ass an do hätte kënnen direkt handeln, sief dat en Auto, wou den Hond nach dran ass oder en Hond gëtt falsch gehalen un der Ketten. Dat ass alles eppes, wou een an Zukunft nach eng Kéier kann drüwer diskutéieren, dass se och d'Kompetenz kréien, fir den Déiereschutz besser ze kontrolléieren.

Wat eis erfreet, ass, dass Leit, déi sech zu Onrecht bestrooft fillen – dat wäert och virkommen, warscheinlech ganz minimal, mee et wäert virkommen –, d'Méiglechkeet kréien, fir awer um Verwaltungsgericht kënnen dogéint virzegoen an deementsprechend och do hir Etappen ze huelen.

Do muss een natierlech bedenken, dass elo vill där Taxe wäerte gefrot ginn an deementsprechend och eng Kéier misst diskutéiert ginn, ob mer do nach genuch Richter am Verwaltungsgericht hunn. Dat ass elo eng Kap vun enger anerer Kommissioun, mee ob déi nach esou nokommen herno bei den Demanden, déi d'Verwaltungsgericht wäert kréien, wa mer déi heiten Infraktiounen mat dramaachen.

Am Volleksmond huet ee jo och schonn de Bannhider kennt. Et ware leider wéineg Gemengen, déi deen agesat hunn. Ech weess, et war och ganz komplizéiert an net esou einfach. Et huet een ëmmer geduecht: „A, elo kënn de Gesetzestext, da brauch ech elo kee Bannhider anzustellen!“ Mee dat heiten ass eigentlech eng Weiderentwécklung vun där Formule vum Bannhider, deen awer zimmlech positiv an den eenzele Gemengen ukomm war.

Et ass eng ganz gutt Approche, well d'Police gëtt nach eng Kéier entlaascht. A mir wëssen et alleguerten: Mir hunn einfach net genuch Policebeamten! Och wann der elo 200 nach eng Kéier duerch d'Policeschoul ginn, hu mer awer och erëm esou vill Leit, déi an d'Pensioun ginn. Dat heescht,

deementspriechend ass herno den Netto, wat erauskënnt, net esou héich wéi dat, wat elo duerch d'Policeschoul geet.

An dofir ass dat heiten eng Moosssnam, déi wierklech der Police wäert an enger éischter Linn hëllefen, well et sinn eeben d'Kommissariater queesch duerch d'Land, déi u Personalangel leiden. An duerch dës Mesure wäerte mer elo awer kënnen d'Sécherheet stäerken, net nëmmen d'Sécherheetsgefill, wat ganz subjektiv ass. Ech weess, d'Politiker schwätzen och gäre vum Sécherheetsgefill, mee eigentlech sollte mer eis un d'reell Zuelen an un d'reell Sécherheet halen an net just un d'Gefill. An dat heiten ass eng Moosssnam, fir dass dës Sécherheet gestärkt gëtt.

D'Gemengebeamte kennen och déi lokal Reegelen, déi lokal Gesetzter, also d'Reglementer, besser. Well de Problem ass, an do huelen ech elo als Beispill bei mir d'Gemeng, do kommen da Polizisten aus der Nopeschgemeng. An anere Gemengen duerch d'Land ass dat nach vill méi, do si Policebüroen, déi hu sechs, siwe Gemengen, bis zu zéng Gemengen ofzeddecken. A wann een do mat de Policebeamte schwätzt, soe se och éierlech, datt et net esou einfach ass, ëmmer den Iwwerbléck ze behalen, wéi dat eenzelt Gemengereglement ass.

Dofir ass dat heiten elo e ganz gudd Schrëtt, fir dass déi lokal Agents municipaux kënnen ganz kloer soen: „Hei, dat dote steet awer bei eis am Gesetz, am Reglement esou an esou.“ Well de Polizist kann dat eeben net ëmmer wëssen. Dofir ass et och d'Policegewerkschaft, déi gesot huet, dass se averstanen ass mat dëser Mesure an dass et keng zweet Police ass an dass och am aktuellen Text keng Gefor ze erkennen ass, dass et dee Wee wäert goen. Well mir wësse jo alleguerten: Déi nei Agents municipaux kënnen keng Waffen droen, se kënnen keng Gewalt uwenen, si hunn net déi selwecht Méiglechkeete wéi eng Police. Dofir steet och guer net méi am Raum, dass dat herno eng zweet Police wäert sinn. Au contraire, se wäerten eis Police entlaaschten.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Et ass och e wichtege Punkt fir d'Ewechkomme vun de private Sécherheetsfirmen. Ech mengen, et iwwerrascht keen: Mir Piraten hunn eis déi ganzen Zäit vehement dergéint gewiert, dass déi am ëffentlechen Raum ënnerwee sinn. An dofir ass dat heiten elo d'Méiglechkeet fir déi Gemengen, déi bis elo Sécherheetsfirmen engagéiert hunn am ëffentlechen Raum, sief dat vu Parkauer zu Parkauer, wéi een et och ëmmer definéiert huet, fir do e bëssen d'Gesetz ze ëmgoen, nach eng Kéier de Réckwärtsgang anzeleeën, fir dat elo mol korrekt op de Wee ze bréngen, fir dass se soen: „Mir huelen do eis Agenten, déi maachen dat, an déi kënnen deementspriechend eist Reglement dann och ëmsetzen.“

Deen eenzege Kritikpunkt, deen ech an der Praxis e bësse gesinn – wat e Problem ass –, dat ass, dass et fir de Bierger net einfach wäert sinn, herno ze wëssen, a wéi enger Gemengen elo wat ass. Ech weess, et ass d'Autonomie communale an et ass herno un de Gemengen, ganz fakultativ ze kucken, wat se dovunner ëmsetzen. Dat wäert et awer um Terrain sécherlech net méi einfach maache fir den eenzele Bierger, wann en ...

Ech schwätzen elo net vu Reglementer, déi ee betreffen, wou ee wunnt. Mee et geet ee jo och emol heiansdo op d'Musel, an den Norden, touristesch, egal, et ass een ënnerwee, an an där Gemeng ass dann en aner Reglement, wat d'Agenten kënnen uwenne wéi dat, wat een doheem huet. Dat gesinn ech e bësse kritesch. Ech weess, mir sinn do e bësse méi kritesch allgemeng, wat d'Autonomie communale ubelaangt.

Mee an dësem Gesetz hu mer vill Punkten, déi fakultativ sinn. An deementspriechend wäert dat awer fir de Bierger net ganz einfach sinn. Mir hätten éischter geduecht, et wäere méi Punkten, wat ee muss maachen, a ganz wéineg fakultativer. Mee mir kënnen awer och elo domadder liewen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Goergen, erlaabt Dir, datt den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här Goergen, Dir hutt selbstverständlech Recht. Fir de Bierger ass et net einfach, fir vu Gemeng zu Gemeng ze wëssen, wat en däerf a wat en net däerf. Mee dat huet awer eppes domat ze dinn, dass et a verschidde Gemenge verschidde Policereglementer gëtt. Mee dat ass awer e Problem, deen net onbedéngt eppes elo mat dëser Problematik ze dinn huet. Et ass einfach esou, dass mer ëmmer d'Fakultéit bei de Gemenge gelooss hunn, dass all Gemeng ka fir sech hiert eegent Policereglement bestëmmen an dass och opgrond vun deem Policereglement dann d'Sanktiounen erfollegen. Dat ass och elo schonn esou, éier mer dëst Gesetz stëmmen.

Elo kann een dat allgemeng kritiséieren. Ech mengen awer, dass dat och e gewëssene Sënn huet, well et nämlech esou ass, dass eng Problematik an enger Gemeng sech ka verschidden zu enger anerer Gemeng duerstellen. An duerfir reagéieren d'Gemengen och differenziéiert dorop.

Dat huet also Virdeeler, mee et huet awer och Nodeeler – dat ginn ech ganz gären zou – fir d'Transparenz a fir d'Informatioun vum Bierger. Mee u sech ass et awer, mengen ech, e gudd System, dee seng Preuvë gemaach huet an deen och elo duerch dëst Gesetz natierlech net méi oder manner belaauscht gëtt.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech ginn Iech do Recht. Et war jo bei dem Avis vun Staatsrot, wann ech mech richteg erënneren, an der Kommission, wou dat och opkomm ass, wou de Staatsrot och e bëssen de Wee gewielt huet wéi ech, fir dat e bëssen ze kritiséieren, dass een eeben elo iwwert d'Autonomie communale awer trotzdeem ganz vill verschidde Faktoren huet.

A mir Piraten si jo bekannt derfir, dass mer dat éischter gäre méi einfach hätten, wéi herno mat den eenzele Gemengen Honnerte Reglementer ze hunn. Dofir, ech ginn Iech Recht, et ass net eleng dëst Gesetz, mee et betrëfft awer och dëst Gesetz mat. An esou, wéi de Staatsrot dat interpretéiert huet, war eeben och meng Interpretatioun, dass mer dat vereenheetlecht hätten, zumindest e Basispaket. An dann, wann ee gesäit, dass an enger Gemeng, wéi Dir et ugeschat hutt, nach ganz aner Problemer, kéint een do op eenzele Punkten noschaffen. Mee d'Basispaket wär dat selwecht fir de Bierger, egal wou een am Land ënnerwee ass.

Déi aner Fro, déi sech nach stellt, ass, wéi et herno am Praktesche wäert oflafen. Verschidde Bierger sinn heiansdo ongedëlleg, dat wësse mer. Wéi ass et dann herno? Däerf de Bierger dann d'Police uruffen? An den Agent rífft herno d'Police, wann en ugeruff ginn ass, dass e soll dohinner goen? Do kann d'Ministesch vläicht e puer Erklärungen ginn, fir dass mer herno net do duebel Aarbecht hunn. Well ech ka mer virstellen, dass e puer Bierger dann ongedëlleg sinn, an da rufe se einfach emol déi zwee un an da stoppe se de Chrono, wien als Éischten do ass. Wéi wäert dat herno an der Koordinatioun tëscht deenen zwee oflafen?

An da wäert sécherlech och eng Erausforderung fir d'Gemengen d'Disponibilitéit sinn, fir Agenten zur Verfügung ze stelle ronderëm d'Auer. Mir schwätzen hei vun Nuetsrou. Virdrun, ech weess net méi, wien

et war, do hat een d'Beispill ginn, no 22.00 Auer ze méien. Mee et muss awer no 22.00 Auer och nach en Agent do sinn, deen dat ka kontrolléieren goen. Dat ass e bëssen déi praktesch Fro un d'Ministesch.

Ech weess, dat sinn och d'Gemengen, déi dat maachen. Mee d'Gemenge brauchen awer och dat Geld an déi Ressourcen, fir dat herno kënnen ëmsetzen. Also, mir si komplett averstanen, mee et sinn eeben déi Froen, déi sech herno am Praktesche wäerte stellen.

Et ass e ganz wichtege Projet, dee mir och haut wäerte matstëmmen, well en dem Bierger eppes bréngt. E bréngt der Police eppes, e bréngt de Gemengebeamten eppes. A sech ass et en „all inclusive“, kéint ee bal soen, deen all den eenzele Leit, déi concernéiert sinn, wäert villes erliichteren, soudass een haut och nëmme ka Jo dozou soen.

Ech hat mer och nach notéiert, dass een elo een, zwee Joer sollt waarden a kucken, wat op de Gerichter zum Deel erauskënnt a wéi eng Weeër déi eis weisen, wa Leit awer net averstane ware mat den Entscheedungen, beziungsweis wat do erauskënnt. Ech hunn elo d'Motiuon gelies vun der Regierung. Dir hutt elo dräi Joer dran, dat ass fir eis och vollkommen ok, soudass mir dat och wäerte matstëmmen. Wichteg ass, dass een eng Kéier kuckt, wéi dat an der Praxis – eeben déi puer Beispiller, déi ech elo genannt hunn – wäert stattfannen, fir eebe vläicht, wann et sollt néideg sinn, dann an zwee oder dräi Joer eng kleng Verbesserung ze maachen. Ech mengen, et ass elo egal, wéini een et mécht, et soll just zäitno sinn, datt mer dat maachen.

Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Inneministesch Taina Bofferding.

### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Merci, Här President. Och an der Politik gëtt et esou Momenter, wou een net méi esou richtig gleeft, dass se eng Kéier kommen. D'Stëmmen vun dësem Projet de loi respektiv d'Aféierung vun de Sanctions administratives, d'Kompetenzerweiderung vun den Agent-municipallen an och d'Schafung vun engem Proximitésservice an de Gemengen ass sécherlech esou e Moment.

Et huet insgesamt 14 Joer gedauert. Véier Justizministere, dräi Inneministere an zwee Rapportere waren implizéiert, fir an dëser Matière ze legiferéieren.

Här Rapporteur, mat Ären zwee Rapporte bréngt Dir haut keng einfach Aarbecht op en Enn. An dofir soen ech Iech emol direkt Merci fir Är zwee Rapporten, déi Der gemaach hutt.

An Här Mischo, ech kann Iech soen, mir am Interieur, mir schaffe séier! Meng Leit si ganz fläisseg, mee och mir kënnen eis net iwwert d'Prozeduren ewechsetzen. Mee mir gi scho Gas.

Wéi gesot, en éischte Versuch fir ze legiferéieren gouf et schonn 2008, dat vu mengem Virvargänger, dem Här Halsdorf. No massive Bedenke vum Staatsrot huet hie jo deemools selwer de Projet zrëckgezunn. A mä Virgänger, den Dan Kersch, huet dann eng Kéier en neien Ulaaf geholl an 2017 e ganz neien Text op den Dësch geluecht.

Wann een esou en neie System aféiert, deen awer juristesche e bësse méi speziell an och e bësse méi tricky ass, mengen ech, ass et meng Aufgab, eeben ze kucken, dass mer alleguerten déi juristesche Froen



hei gekläert kréien, a virun allem, an dat war mir wierklech extreem wichteg, dass mer niewent dem Sanktionéieren eeben nach dee preventive Volet mat erakréien a mer doduerch eeben dee Proximitéits-service derbäigesat hunn, dee ganz kloer Missioun fir d'Agent-municipallen definéiert, an deene se nach können zousätzlech aktiv ginn, fir d'Zusummeliewen an eise Gemengen ze stäerken, fir eeben och ze kucken, wéi dee Mateneen an de Gemengen nach besser kann encadréiert ginn. An ech weess, dass dat jo och e ganz grousst Thema a ville Gemengen ass. An dofir war et mir, wéi gesot, wichteg, hei och déi Preventioun nach mat eranzubrénge.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | A verschiddene Quartieren, an däers sinn ech mer als Innenministesch och bewosst, respektiv a verschiddene Gemenge besteet en Onsécherheetsgefill bei ganz ville Leit. An ech mengen och, dass et d'Flicht vun der Politik ass, dat net ze ignoréieren an eescht ze huelen an dass mer eis och doréms këmmere mussen.

Mee net iwwerall ass automatesch de Ruff no méi Police déi richtig Äntwert. Fir dat erauszefannen, gëtt et u sech eng ganz einfach Approche, an zwar mat de Leit schwätzen, op d'Leit duergoen a wierklech nofroen, wat genau de Problem ass respektiv wéi een dann herno kann eng gemeinsam Léisung fannen.

Heiansdo kann, soen ech mol, eng besser Stroossebelichtung schonn de Problem léisen, wann d'Leit sech a verschiddenen Ecker eeben onsécher spieren. Heiansdo sinn et esou ganz einfach kleng Gesten am öffentleche Raum, déi scho ganz Grousses kënnen bewirken. Heiansdo brauch et méi Streetworker. A jo, heiansdo brauch et och méi Police. An heiansdo kann, an dat hoffe mer dann elo mat dësem Gesetz, och d'Presenz vun den Agent-municipallen eng Léisung sinn.

Den Här Mischo an och den Här Goergen hunn an deem Kontext jo d'Fro opgeworf, wéi an Zukunft dann déi Zesummenaarbecht tëschent den Agent-municipallen an der Police soll konkret um Terrain fonctionéieren. Bon, ech verweisen hei un dee kommunale Preventiounskomitee. Wann ech et richtig am Kapp hunn, mengen ech, sidd Dir souguer als Buergermeeschter do President vun deem Komitee. Maja, ech invitéieren alleguerten d'Gemengen, déi déi vläicht elo an der Lescht net méi esou oft aberuff hunn, dat dann erëm méi reegelméisseg ze maachen.

Wichteg ass, dass eeben alleguerten déi concernéiert Acteuren un een Dësch bruecht ginn – ech denken eeben och un d'Gemengen, déi Streetworker hunn oder déi e Quartiersmanagement agefouert hunn –, fir dass ee wierklech alleguerten déi Concernéiert zesummen un een Dësch kritt a kuckt, wéi een do nach weider Mesurë kann huelen, wéi eeben herno déi Zesummenaarbecht um Terrain ka vereinfacht ginn.

D'Formatiounen – dat war eis och ganz wichteg –, d'Formatiounen hu mer zesumme mat der ASAM ausgeschafft, och a Concertatioun mat der Police, fir dass mer eebe grad Formatiounen hunn, déi och der Realitéit entsprechen, wéi d'Agenten herno hir Missioun kënnen wouerhuelen, fir se eeben esou terrainsno wéi méiglech können auszeriichten.

Kloer ass, mat dësem Gesetz hei wäerte mer eng Valorisation vun der Roll vun den Agent-municipalle maachen.

D'Grondiddi ass et jo, dass déi méi kleng Verstéiss géint Gemengereglementer – d'Incivilitéiten, déi jo elo kee Mënsch als déi grouss Kriminalitéit géif bezeichnen, déi awer d'Zusummeliewen an de Gemengen duerchaus scho kënnen stéieren –, voilà, dës

kleng Verstéiss sollen dann elo an Zukunft kënnen bestrooft ginn, an dat, ouni d'Police an och ouni d'Justiz weider ze belaachten. Och dat ass e Punkt, deen haut jo schonn e puermol an der Debatt ugeschwat ginn ass, deen extreem wichteg ass.

An dann ass et awer och wichteg, de Leit ze weisen, dass déi Saachen, déi se am Alldag stéieren, déi se och all Dag gesinn, an de Gemengen eescht geholl ginn an dass sech dréms gekëmmert gëtt.

Also, mat dësem Projet de loi wäert d'Presenz vun den Agent-municipallen an de Gemenge sécherlech nach gestärkt ginn. Si wäerten och eng gewësse Visibilitéit hunn. An dofir ass et wichteg, dass mer och dee Service de proximité hei aféieren, fir eeben op eng net repressiv Aart a Weis um öffentlechen Terrain, am öffentleche Raum können aktiv ze ginn. E puer Missiounen, déi se nach hei bäikréien, hunn d'Kollegen och elo schonn hei opgezielt. Wichteg ass, dass mer hei eng ganz Lëscht dovunner hunn an dass eeben d'Gemenge sech och können an hirem Service esou ausrichten, wéi si et fir néideg halen.

Wichteg ass hei, dass mer kucken, fir den öffentleche Raum eebe méi sécher ze maachen an dass mer och d'Sécherheetsgefill stäerken, an dat eeben och mat preventive Moossnamen.

Zu der Fro vum Här Mischo, ob mer dann elo hei eng reegelrecht Karriäropwärtung maachen: Jo, doriwwer hate mer jo och an der Kommissioun geschwat. Mir hu jo déi Dispositiounen am Gesetz respektiv an de Reglementer, déi och schonn an der Prozedur sinn, virgesinn. Vläch fir awer nach eng Kéier ze preziséieren: Am Moment sinn d'Agent-municipallen am Groupe de traitement D2 agestuft, an duerch déi Kompetenzerweiterung wäert et dann eng Opwärtung an den D1 ginn. Dat betrëfft souwuel d'Agenten, déi haut schonn an der Karriär sinn, wéi natierlech och déi, déi an Zukunft wäerten agestellt ginn.

An dann, dat hat Der jo och schonn ugedeit, ass och virgesinn, dass se verschidde Primme kréien. Do ass virgesinn, eng Prime d'astreinte vun 12 Punkten ze kréien, eng Prime de risque non pensionnable vu 15 Punkten an eng Prime de fonction judiciaire non pensionnable vun 10 Punkten. Och dat alles hu mer esou verankert. An et war jo och ganz wichteg, dass mer niewent där Kompetenzerweiterung hei och deenen Zousazrevendicatiounen, déi vun der Gewerkschaft selwer komm sinn, Rechnung droen. An dat war en Accord, deen deemools mäi Virgänger Dan Kersch mat hinnen uitgemaach huet an deen ech natierlech och esou hei mat erageholl hunn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Dann déi zweet Fro nach vum Här Mischo: Ab wéini können déi Agent-municipallen op dem Terrain aktiv ginn? Ben, e genauen Datum kann ech elo net direkt nennen. Dat hânt jo emol dervunner of, ob d'Gemengen elo d'Decisioun huelen an der astellen. Et si jo net alleguerten d'Gemengen hei am Land, déi am Moment scho Pecherten oder Garde-champêtre beschäftegen. Dat heescht, dat ass emol als Éischt d'Decisioun, déi d'Gemeng muss huelen.

Et ass awer esou, dass d'Gesetz den 1. Januar d'nächst Joer a Kraaft trëtt an dass awer relativ séier, och schonn am Ufank vum Joer, dee Punkt – d'Verstéiss, d'Dispositiounen, déi administrativ bestrooft ginn – agefouert kéint ginn. Also, d'Aféierung vun de Sanction-administrativ kéint relativ séier sinn, wann dann dee Moment d'Gemengen dëst an hiert Police-reglement eranhuelen. An da gëtt et jo vun eis vum Interieur approuvéiert. Dat ass jo och nei, an et ass och gutt, dass mer hei eeben déi Approbatioun drop hunn, fir dat zemoos an enger éischter Phas awer mat hinnen zesumme können ze kucken.

Dofir, Klammer op: Wa sollte Gemenge sinn, déi herno nach spezifesch Froen hunn oder wann nach iergende Klärungsbesoin sollt sinn niewent der Circulaire, déi mer erausginn, stinn natierlech meng Leit och zur Verfügung, fir dat mat de Gemenge ganz genau ze kucken, wann dann do nach sollte Froe sinn.

Dann déi aner Aufgaben, déi mer jo och elo nach hei virgesinn hunn, déi aner Dispositiounen, wou Avertissements taxés kënnen verhaange ginn oder déi eeben och penal bestrooft kënnen ginn, sinn déi Dispositiounen, wou dann d'Agent-municipallen als APJ (ndlr: Agents de police judiciaire) fonctionéieren. Hei sinn extra Formatiounen virgesinn, déi se musse maachen. Déi wäerten och elo d'Éischt Hallschent vum nächste Joer ulafen. Wéi gesot, wichteg ass hei eeben och d'Zesummenaarbecht mat der Gewerkschaft a mat der Police.

An dann deen anere Punkt: de Service de proximité. Och heifir hu mer eng Formatioun virgesinn. Dir hutt jo gesot, dass net jiddereen en Éischt-Hëllef-Cours huet. Dat ass richtig. An dofir ass dat och e feste Bestanddeel vun där Formatioun. An och dat wäert direkt d'nächst Joer ulafen, esou dass dat dann och relativ séier, wéi gesot, wann d'Gemenge sech dann dozou decidéiert hunn, kann emgesat ginn.

Eng lescht Remark awer nach zu de Cartes d'identité, well dat elo hei an der Diskussioun erëm opkomm ass, an effektiv hate mer och gréisser Diskussiounen dozou an der Kommissioun. Et ass richtig: D'Agent-municipalle sinn op dësem Punkt limitéiert an et kann ee soen, dass dat vläch nach e gewëssene Knackpunkt ass, dee mer hei haut nach net esou séier direkt geléist kréien.

Den Agent municipal huet an Zukunft d'Recht, d'Carte d'identité ze froen, mee en duerf se eeben net verifiéieren. Wann am Kader vun de Sanctions administratives eng Persoun hir Carte d'identité dee Moment net weist, mécht se sech strofbar a risquéiert dee Moment eng Amende vu 25 bis 250 Euro. Nëmme en OPJ, dat heescht en Officier de police judiciaire, kann d'Verifikatioun vun der Identitéit vun enger Persoun no enger gewëssener Prozedur maachen, woubäi en des Persoun maximal sechs Stonnen um Policebüro ka festhalen.

A well dat mat hannendrunhânt, hate mer déi Diskussioun. Do hu mer fonnt, dass dat awer vläch net grad elo a Relatioun steet zu deene Sanction-administrativen, déi mer hei aféieren, wann een herno, well een elo den Dreck vu sengem Hond net ewechgemaach huet, am schlëmmste Fall, wann ee seng Carte d'identité net weist, dann nach sechs Stonne kéint festgehalte ginn.

Mee wichteg ass, dass jo elo déi Evaluatioun gemaach gëtt. Ech begrëssen dat och ausdrécklech, dass hei e Konsens ass. An da kann een eng Kéier iwwert deen dote Punkt kucken, ob een elo vläch awer nach eng aner Teneur fënnt. Mee, wéi gesot, fir et elo esou anzeféieren, hu mer alleguerten als schwierieg empfongt, well mer awer mussen oppassen, dass mer net op eemol bei enger zweeter Police sinn. Well déi Grenzverännerung ass ganz no. A mir waren eis alleguerten eens, dass mer eng Police hei am Land hunn an dass eeben d'Agent-municipallen d'Police sollen ënnerstëtzen, hir ënnert d'Äerm gräifen. Mer sollen awer oppassen, dass mer net eng „Police bis“ aféieren.

Voilà, ofschléissend wëll ech nach eng Kéier betounen, dass mat dësem Projet de loi mer derfir wäerte suergen, dass d'Gemengereglementer, déi d'Gemenge sech selwer ginn, d'Policereglementer, respektéiert ginn. Et ass jo de Wunsch vu ganz ville Gemengen, dass eeben och e Suivi hannendru ka garantéiert

ginn. An ech muss soen, ech gesinn dat hei wierklech alles als eng absolutt Win-win-Situatioun. Engersäits kréien d'Agent-municipallen eebe méi Kompetenze bái a si kréien déi laang erwaart Karriäröpwäertung, d'Valorisatioun vun hirem Beruff. Dat heescht, mir suergen derfir, dass d'Berufsbild weesentlech méi attraktiv gëtt an hoffen, dass nach méi Leit eeben och an de Gemengen déi Karriär do wäerten aschloen.

E weesentleche Punkt ass och, dass d'Police an d'Justiz hei entlaascht ginn. Dat heescht déi hu méi Zäit, sech ëm aner wichteg Dossieren ze këmmern. A mir suergen eeben derfir, dass och konsequent duerchgegraff gëtt, dass, wéi gesot, d'Reglementer respektéiert ginn, an dass eis Gemengen an eist Land méi sécher a méi propper wäerte ginn.

D'Chamber liwwert haut de Gemenge mat dësem Projet de loi e ganz proppere legale Kader, fir d'Sanction-administrativen anzeféieren an och, fir de Service de proximité kënnen ze etabléieren. An als Interieur proposéiere mer nach zousätzlech Ënnerstëtzung fir d'Ëmsetzung vun de Policereglementer vun de Gemengen an, wéi gesot, d'Formatiounen, déi hannendrunnerhänken, a mir stellen och de Fonctionnaire sanctionnateur zur Verfügung.

Dir gesitt also, Här Engelen, Dir braucht keng Angscht ze hunn, mir loosse d'Gemengen hei net eleng! Au contraire, mir maachen dat hei wierklech zesummen. An dofir sinn ech och frou ze héieren, dass et hei awer e breede Konsens gëtt. An et ass eeben elo un de Gemengen, dës Mesurë respektiv dës administrativ Sanktiounen an hir Policereglementer ze schreiwen, dës opzehuelen, an natierlech dann och, wa se se dann an hire Reglementer stoen hunn, natierlech och dat néidegt Personal ze rekrutéieren, Agent-municipallen anzustellen, se a Formatiounen ze schécken an eeben och esou e Service de proximité opzebauen, woubäi ech wierklech hoffen, dass vill Gemengen dat maachen, well ech mengen, et ass wichteg, dass mer grad dee preventive Volet och ausbauen.

Voilà. Dat nach zu mengen Ausféierungen. Nach eng Kéier e grouse Merci fir de Support an och déi interessant Diskussiounen, déi mer haten. An da kucke mer an dräi Joer, wa mer d'Evaluatioun maachen, wéi wäit mer sinn. An ech mengen, et ass jo eng Bereetschaft do, fir dat do elo emol anzeféieren. Dann hoffen ech, dass natierlech ganz vill Gemengen, ...

(Interruptions)

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift, e bësse méi roueg!

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | ... wou jo och Leit heibanne vertruede sinn, dann dovunner wäerte profitéieren.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Inneministesche Taina Bofferding. Dann ass d'Parole après ministre fir den Här Marc Goergen an duerno fir den Här Georges Mischo.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Madamm Ministesch, fir Är Erklärungen, woubäi ech och ganz viles deelen. Dir hat just erëm d'Streetworker ugeschwat, an Dir sidd jo Inneministesche. Et ass jo esou: Et ass 50:50, dat heescht 50 % bezitt d'Gemeng, 50 % den Educationsministère. Et ass awer elo esou, dass mir an eiser Gemeng elo schonn zwee Joer amgaange sinn. Mir als Gemeng geifen direkt esou e Streetworker astellen, och nach zwee, dat wär net de Problem, mee mer kréien ëmmer e Refus vum Educationsministère.

Dat heescht, Dir hutt hei gesot, dass d'Streetworker immens wichteg wäere fir dee Projet. An ech ginn Iech och Recht. Dat géif viles léisen. Mee intervenéiert Dir da vläicht eng Kéier beim Educationsministère, dass en d'Gemengen do méi ënnerstëtzt? Well wann deen e Refus gëtt fir d'Streetworker, déi hei ëmmer gelueft ginn, an et bleift herno just bei de Gemengen hängen, hu mer och näischt geschafft.

An dann deen zweete Punkt: Dir hutt, wéi Der mech ugeschwat hutt, vum Komitee fir d'Sécherheet geschwat. Jo, wär et dann net och emol heiansdo flott, wann d'Opposition en Zougang dozou géif kréien? Dir hutt gesot, d'Buergermeeschtere wieren dran, mee de Gemengerot, d'Opposition, hunn do guer keen Zougang. Mir wësse jo net, ...

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Ech mengen ...

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... wien do dran ass. Mir hunn do kee Member dran, also, ausser, et wär just an enger Gemeng, déi ech gutt kennen, esou, dass d'Opposition do keen huet.

Meng Fro virdu war jo déi vun der Koordination, wéi et herno ofleef, net dass herno souwuel d'Agenten dohinner fuere wéi d'Police. Ech weess elo net, ob de Komitee dat herno léist.

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Jo.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Mee et muss jo herno einfach dat Prakteschst sinn am Alldag, wéi ech a menger Ried gesot hunn: Wien dohinner fiert, wéi dat koordinéiert ass mat der Police. Gëtt et do eng gemeinsame Datebank? E gemeinsame System? Déi musse jo iergendwéi sech koordinéieren, soss fuere der ëmmer zwee op d'Plaz, well de Bierger ongedéileg ass an en einfach déi zwee geruff huet.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Dann och vläicht direkt den Här Georges Mischo.

**M. Georges Mischo** (CSV) | Jo, merci, Här President. Merci, Madamm Minister, fir d'Äntwerten an och d'Erklärungen. An Dir hat et virdu ugeschwat: De Comité de prévention, dee kënnt zu Esch zwee- bis dräimol pro Joer reegelméisseg och mam Här Oswald a mat der Police zesummen.

An da kann ech och dem Här Goergen eventuell an Ärem Numm äntweren, dass bei eis zu Esch allegueren d'Partei mat vertruede sinn. Dat heescht, allegueren déi, déi am Gemengerot vertruede sinn, sinn och am Comité de prévention mat derbäi. Voilà.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mischo. An da ginn ech d'Wuert zrëck un d'Madamm Inneministesche.

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Gutt, ech weess elo net, wat déi konkret Fro ass. Vum Här Goergen sinn ech gewinnt, dass en ëmmer seng, soen ech emol, Problemer aus senger Gemeng mat an d'Chamberskommissioun a mat an d'Chamber bréngt.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Hien ass net deen Eenze-gen!

(Coups de cloche de la présidence)

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Bon, firwat Der e Refus vum Educationsminister kritt hutt, kann ech Iech net soen. Am beschten, Dir schwätzt direkt mat em an Dir frot dat no. Dir gesitt e jo och reegelméisseg. Ech mengen, dat wär weesentlech méi einfach.

An effektiv, den Här Mischo huet jo schonn drop reagiert, dass an deem Preventiounskomitee duerchaus och d'Opposition dra ka vertruede sinn. A wann dat an enger Gemeng net ass, bon, ech stellen déi elo net zesummen, mee ech géif natierlech jidderengem recommandéieren, deen interesséiert ass, sech do ze melle fir matzeschaffen. An ech sinn awer sécher, dass och d'Gemengeresponsabel, d'Buergermeeschteschen an d'Buergermeeschteren, frou sinn, wa Leit sech mellen, fir do eng Hand mat unzepaken.

A fir de Rescht hutt Der jo awer ganz vill Méiglechkeeten, als Gemengeconseiller dat doten Thema mat op d'Dagesuerdung ze bréngen. Ech mengen, do wäerten Iech jo awer sécherlech d'Idien net ausgoen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci. An dann huet d'Madamm Asselborn-Bintz d'Wuert gefrot.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Merci, Här President. Ech wëllt och dem Här Goergen kuerz äntweren. Bei eis an der Gemeng ass d'Opposition och vertrueden am Comité de prévoyance.

Ech wollt awer och eppes aneres soen, ...

**Plusieurs voix** | Prévention!

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Prévention, pardon, Prévention! Entschëllegt.

Dat mat de Streetworker, ech mengen, Dir verwiesselt do eppes. All Gemeng kann esou vill Streetworker astelle wéi se wëllt. Mee wann Der een iwwert d'Jugendhaus astellt, deen de MENJE zur Hallschent matfinanzéiert, da muss de MENJE och jo soen. Mee dat ass just an der Konventioun mam Jugendhaus zesummen – well mir hunn een –, an dat ass eng aner Geschicht, wéi wann Dir een normale Streetworker an enger Gemeng wëllt astellen. Dat wollt ech just einfach soen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. Ech mengen, deem ass näischt méi bäizefügen. Den Här André Bauler huet awer nach eng Fro.

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Ech wollt der Madamm Minister d'Méiglechkeet ginn, fir d'éischt emol op déi dote Froen ze äntweren, soss gëtt dat d'äers Gudden awer e bësse vill.

Ech kommen nach eng Kéier op d'Polizeireglementer zrëck, dat ëmsou méi, well ech reegelméisseg héieren, datt Leit wierklech gehäit si mat Kaméidi, deen zu Zäite gemaach gëtt, wou en net därerf gemaach ginn. A Pabeier ass bekanntlech gedéileg. Mee wa mer vu Pabeier schwätzen: Ech hu mer soe gelooss vu Kolleegen, datt et eebe Gemenge gëtt, déi kee Polizeireglement hunn. Dat ass dat Eent. Dann hu mer et mat enger Diversitéit vu Polizeireglementer ze dinn. Dat ass dat anert.

A fir mech stellt sech awer eng evident Fro, ob et net Sënn géif maachen, wann een deene Leit, iwwert déi mer hei geschwat hunn, den Agents municipaux, eventuell d'Méiglechkeet géif gi vun enger Mutatioun, also vun enger Gemeng an déi aner ze mutéieren, fir dass se net allkéiers mat neien Texter, déi awer schonn ënnerschiddlech sinn, konfrontéiert ginn, ob et net Sënn géif maachen, déi Texter awer ze harmoniséieren, och wa vläicht eng Uniformisatioun kee Sënn mécht, awer se zumindest ze harmoniséieren.

Et gëtt Gemengen, déi wëllen zesummeschaffen, a schaffen och zesummen, mee se hunn awer vläicht fënnf, sechs verschidde Polizeireglementer. Et ass awer am Klengen, wou d'Zesummenaarbecht ...



(Éternuement)

... Gesundheet! ... an déi gutt Concertatioun ufänken.

Elo wollt ech Iech froen – dat ass dann d'konkreet Fro –, ob Der gewëllt sidd, fir op ee Wee ze goen, wou Der mat de Gemengen nach eng Kéier an d'Diskussioun kommt, fir dat ze verbesseren, an ob Der eventuell och an deem Sënn mam Syvicol géift en eescht Wuert schwätzen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Bauler. An ech ginn d'Wuert zrëck un d'Madamm Inneministesch.

**Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | Bon, ech mengen, Dir kéint jo emol hei e kleng Versuch starten an d'Kolleegeinnen an d'Kollegen, déi an de Gemengen aktiv sinn, froen, wat se da vun Ärer Propos do halen. Mir hunn 102 ënnerschiddlech Gemengen an déi sinn eeben derfir responsabel, ze kucken, wéi si hiren ëffentleche Raum wëllen a puncto Sécherheet reegelen. An ech mengen, dass et och de Gemengen oblait, dat selwer kënnen ze reegelen. An ech gesinn et awer als schwiereg, als Inneministesch elo eng Virgab ze ginn, eebe well d'Gemengen esou ënnerschiddlech sinn.

Et ass richteg, dass et och Gemenge gëtt, déi nach kee Reglement hunn. An dat wäert ech och eng Kéier an der Circulaire prezisiéiere respektiv ech wäert se nach eng Kéier opfuere, dass se awer gebiede sinn, sech e Reglement ze ginn. Et mécht duerchaus Sënn, fir scho Verschiddenes ze reegelen. Mee, wéi gesot, d'Gemenge sinn esou ënnerschiddlech, do musse mer awer einfach där Diversitéit Rechnung droen.

Nach eng Kéier, wann eng Gemeng awer elo sollt e Problem hunn, fir en neit Reglement opzestellen, si mir bereet, do eng Hand mat unzepaken. A wann d'Gemenge gewëllt sinn, sech e Règlement type ze ginn, da sinn ech ganz bei Iech. Ech mengen, dat ass dee Moment de Syvicol, dee sech da soll mat de Gemengen un en Dësch sëtzen. Da kënnen si eebe kucken, ob ee kann esou eng Ebauche ausschaffen. Mir sinn och gäre bereet, do eng Hand mat unzepake mat eiser Expertis.

Mee, wéi gesot, do ass d'Autonomie communale. Ech weess, dass net jiddere se gutt fënnt, mee ech als Inneministesch hale se awer héich am Interêt vun eise Gemengen. An, wéi gesot, wann ech kann hëllef, maachen ech dat ganz gären. Mee och d'Gemengen hunn eng gewësse Responsabilitéit, an dat ass och gutt esou.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Bofferding. Den Här Bauler huet nach eng Zousazfro.

**M. André Bauler** (DP) | Nee, Madamm Minister, et ass keng Fro. Ech wollt Iech just soen: Dat berouegt mech dann. Et ass genee dat, wat ech gemengt hunn: dass Der do géift e pedagogeschen Effort maachen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci fir déi Confirmatioun. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7124. Den Text steet am Document parlementaire 7124<sup>15</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7124 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Lies) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Cécile Hemmen) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par M. Marc Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7126. Den Text steet am Document parlementaire 7126<sup>21</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7126 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet ass mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Octavie Modert),*

*Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Djuna Bernard) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### **Motion 1**

Mir kommen elo nach zur Ofstëmmung iwwert déi Motioun, déi bei dësem Projet deposéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert dozou ergräifen? Den Här Georges Mischo.

**M. Georges Mischo** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech wollt nach eng Kéier ënnersträichen, dass ech et schued fannen, dass mir als Oppositionspartei net gefrot gi sinn, oder als CSV net gefrot gi sinn. Well ech mengen awer trotzdeem, dass et evident a logesch ass, dass eng Evaluatioun vun deem dote Gesetz gemaach gëtt, fir Adaptatiounen kënnen virzehuelen. Voilà, mir wäerten awer déi do Motioun matstëmmen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mischo.

Wien d'accord ass, fir dës Motioun à main levée ofzestëmmen, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

(Assentiment)

#### **Vote sur la motion 1**

Wien ass d'accord mat dëser Motioun?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugehall.

Mir sinn domadder um Schluss vun der Sitzung vun de Moien ukomm. D'Chamber kënnt de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 10.49 heures.)

## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique\*

M. Fernand Etgen, Président

### 2. 7777 – Proposition de révision des Chapitres IV et Vbis de la Constitution\*

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Charles Margue

### 3. Dépôt d'une proposition de loi par M. Charles Margue\*

M. Charles Margue

### 4. 7777 – Proposition de révision des Chapitres IV et Vbis de la Constitution (suite)\*

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle (suite) : M. Charles Margue

Discussion générale : M. Léon Gloden (intervention de M. Gusty Graas) | Mme Simone Beissel (intervention de M. Gilles Baum) | M. Mars Di Bartolomeo | M. Fernand Kartheiser (dépot de la résolution 1) | Mme Nathalie Oberweis (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de M. Sven Clement et M. Fernand Kartheiser) | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) | M. Sven Clement (parole pour fait personnel)

Premier vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution 7777

Résolution 1 : M. Mars Di Bartolomeo | M. Léon Gloden | M. Charles Margue | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement | M. Mars Di Bartolomeo (intervention de M. Yves Cruchten) | Mme Nathalie Oberweis | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Gilles Baum (intervention de M. Fred Keup) | Mme Josée Lorsché | M. Sven Clement (intervention de Mme Josée Lorsché) | Mme Josée Lorsché (intervention de M. Sven Clement) | M. Claude Wiseler (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)

Vote sur la résolution 1 (rejetée)

### 5. Dépôt d'une demande d'organisation d'un referendum tel que prévu à l'article 114, alinéa 3 de la Constitution\*

Exposé : M. Fernand Kartheiser

### 6. Déclaration gouvernementale sur l'avis complémentaire du groupe ad hoc d'experts sur l'instauration d'une obligation vaccinale contre la Covid-19 ..... p. 29

Déclaration : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de Mme Octavie Modert et M. Claude Wiseler)

### 7. 7749 – Projet de loi portant organisation de l'établissement public « Média de service public 100,7 » et portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques ..... p. 31

Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications : M. Pim Knaff

Discussion générale : Mme Diane Adehm | Mme Francine Closener | Mme Djuna Bernard | M. Fernand Kartheiser (interventions de Mme Djuna Bernard et M. Fred Keup) | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias (interventions de M. Fernand Kartheiser et Mme Octavie Modert)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7749 et dispense du second vote constitutionnel

### 8. 7877 – Projet de loi portant modification :

1° de la loi électorale modifiée du 18 février 2003 ;

2° de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias

électroniques ..... p. 36

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Guy Arendt

Discussion générale : M. Gilles Roth (intervention de M. Fernand Kartheiser) (dépot de la demande de vote séparé sur les articles 21 et 22) | Mme Carole Hartmann | Mme Cécile Hemmen | M. Charles Margue (intervention de M. Sven Clement) | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Yves Cruchten, M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, et M. Fred Keup) | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement | Mme Diane Adehm (interventions de M. Sven Clement et M. Mars Di Bartolomeo) | M. Mars Di Bartolomeo (interventions de Mme Diane Adehm et M. Sven Clement) | Mme Diane Adehm (parole pour fait personnel) (interventions de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, et M. Mars Di Bartolomeo) | M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de Mme Diane Adehm et M. Gilles Roth)

Prises de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de M. Sven Clement, M. Yves Cruchten et Mme Diane Adehm) | Mme Diane Adehm (parole après ministre) | M. Gilles Roth (parole après ministre) | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) | M. le Premier Ministre Xavier Bettel | M. Gilles Roth (parole après ministre) | M. le Premier Ministre Xavier Bettel | Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

Vote séparé sur l'article 21 du projet de loi 7877 (adopté)

Vote séparé sur l'article 22 du projet de loi 7877 (adopté)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7877 et dispense du second vote constitutionnel

### 9. 8002 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 mai 2014 relative au financement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois en vue du financement des travaux d'extension et de perfectionnement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois ..... p. 48

Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler

Discussion générale : M. Gilles Roth | M. Yves Cruchten | M. François Benoy | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8002 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre ; Mme Corinne Cahen, Ministre.

\* Les points 1. à 5. de cette séance publique ont été publiés dans une édition spéciale sur les révisions de la Constitution.



## 6. Déclaration gouvernementale sur l'avis complémentaire du groupe ad hoc d'experts sur l'instauration d'une obligation vaccinale contre la Covid-19

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir héieren haut de Mëtteg eng Deklaratioun vun der Regierung zum Avis vun dem Expertegrupp iwwer eng méiglech obligatoresch Covidimpfung. D'Wuert huet elo den honnablen Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci, dass ech haut de Mëtteg virun Ärer Chamber d'Wuert dierf ergräifen. Erlaabt mer och, d'Madamm Tanson ze

entschëllegen, déi am Ausland Verpflichtungen huet, an och der Gesondheitsministesch Merci ze soe fir d'Disponibilitéit an och d'Ëmswitchen, fir kënnen haut hei ze sinn.

Et ass, Här President, fir d'zweete Kéier innerhalb vun e puer Méint, dass ech hei an dësem Haus virun Iech stinn, fir am Numm vun der Regierung eng Deklaratioun zum Sujet, an zu engem ganz sensibele Sujet, deem vun der Impfflicht, hei ze maachen. Dëst eleng ënnersträicht, dass keen, weeder d'Regierung nach d'Chamber, sech d'Diskussioun ronderëm d'Impfflicht einfach wëllt maachen. An dat ass e Constat.

Ganz am Géigendeel, d'Regierung huet am Ufank vum Joer jo och eng Deklaratioun an dësem Haus gemaach an och eng breet Consultatioun lancéiert,

wou mir net nëmmen dei politesch Parteien an der Chamber, mee och eng Rëtsch vu gesellschaftlechen Acteuren ëm hir Meenung gefrot hunn, well eng Impfflicht am Fong och just ëmsetzbar ass, wa se och d'Zoustëmmung kritt vun enger breeder politescher an och vun enger gesellschaftlecher Majoritéit, dat heescht, dass se gedroe gëtt – net nëmmen hei am Haus, mee och dobaussen.

Dat hunn ech deemools op dëser Plaz och scho gesot, dass et fir mech wichteg wier, dass een net en 31:29 bei esou enger Fro géif kréien. Dat war deemools richtig an et ass och haut nach ëmmer richtig.

D'Regierung huet och all dës Meenunge consideréiert, fir zwee Gesetzestexter auszuschaffen: een Text iwwer eng Impfflicht fir d'Leit iwwer 50 Joer an een



iwwer eng sektoriell Impfflicht am Gesondheets- an och am Fleegeesektor. Et sinn dës déi zwou Impfflichten, déi den onofhängegen Experte-grupp nach a sengem éischten Avis och recommandéiert hat.

Zanter der leschter Woch läit ons jo och deen zweete Rapport vun deem Experte-grupp vir. Tëschent deenen zwee Aweise leien net nëmmen e puer Méint, mee, ech muss Iech och soen, ganz vill nei wëssenschaftlech Erkenntnisser, déi den Experte-grupp och berücksichtig huet.

Geneesou wéi Dir an der Chamber hat och d'Regierung d'Geleechenheet, d'lescht Woch mat den Experten en Echange ze hunn an iwwer hir nei Recommendationen kënne ze diskutieren an hinnen eeben och Froen ze stellen. Et wier net gutt gewiescht, wann nach oppe Froen net beäntwert gi wieren, ier ee Konklusionen zitt. An et muss een awer feststellen – an ech weess net, ob dat dee selwechte Constat ass, dofir ass eeben deen Debat muer och immens wichteg –, dass dee Rapport awer ganz differenziéiert war, och déi Analys ganz differenziéiert war vis-à-vis vun där, déi se awer nach am Januar och bei eis gemaach hunn.

Dass déi Presentatioun méi differenziéiert war, dat ass déi Analys, déi mir gemaach hunn, mee déi hunn eis d'Experten am Fong och selwer confirméiert. Si hu fir d'éischt nach eng Kéier widderholl, dass et déi richteg Entscheedung war, an engem zweete Rapport déi nei Erkenntnisser iwwert den Omikron, déi nei Variant, och ze analysieren an d'Modellisation iwwer verschidden Zenarioen auszuschaffen.

Hiren eegenen Aussoen no ass den éischten Avis geschriwwen ginn an enger Period am Fong vun enger Iwwergangsphas, déi een hat tëschent enger Delta-an enger Omikron-Variant a wou een awer och nach net genau an deem Moment gewosst huet, wéi de Verlaf vum Omikron wär. Mir hunn d'Delta-Variant kannt, dat war jo déi, déi hei zimmlech present war. Mee mir hunn eng Omikron-Variant du frësch entdeckt.

Haut wësse mer, dass den Omikron sech am Fong vill méi séier verbreet, dass vill méi Leit krank ginn. Mee mir wëssen awer, dass d'Repercussiou, dat heescht, den Impakt vun enger Omikron-Variant net méi dat ass, wat mer bei enger Delta-Variant kannt hunn.

Ech brauch Iech jo net ze soen, dass d'Zuele ganz héich sinn, och am Moment! Also d'Omikron-Variant leeft. A mir hunn haut iwwer 1.200 Infektiounen – op den Dag vun haut. Mee mir hunn op den Dag vun haut a mat deenen Zuelen, déi ech elo just vun der Gesondheetsministesch matgedeelt kritt hunn, nach 29 Leit op Soins normaux. Dat heescht, et soll een net maachen, wéi wann de Virus fort wier! Mee mir hunn null Persoun op Soins intensifs am Moment – null! –, bei 1.200 Infektiounen op den Dag vun haut.

Also dowéinst: Et soll kee mengen, de Virus wier ganz fort. Mee den Impakt vum Omikron am Verglach zu deem, wat mer bei Delta haten, wou mer awer e Prozentsaz ... An Dir kënnt Iech nach erënneren, wéi gesot ginn ass: „Jo, esou vill Prozent vun deenen Infektiounen riskéieren, op eng Intensivstation ze kommen.“ Dat ass haut net méi richteg! Mir gesinn haut mat enger Omikron-Variant eng Diffusion très large, eng Ustiechungsquot, déi vill méi héich ass, mee op jidde Fall och e schlëmme Verlaf, dee vill méi kleng ass.

An da gëtt et awer och nees ganz nei Elementer. Dat hunn d'Experte jo och gesot. Mir hunn Traitementer haut, déi mer deemools net haten! Mëttlerweil kann ee bei vulnerabele Patienten, déi séier no hirer Infektioun mat esou Medikamenter (veuillez lire: mat esou Medikamenter traitéiert ginn), déi mer deemools net

haten, souguer am Januar net haten, och e schlëmme Verlaf op jidde Fall vill méi kleng kréien.

An all dës nei Erkenntnisser sinn also zesumme mat den neisten Zuelen aus dem Inland an och aus dem Ausland – et huet ee fir d'Analys och musse kucken, dass bei eis et elo Summer ass, mee op anere Kontinenter ass am Moment schonn de Winter amgaangen, wou een och Analyse ka maachen – an d'Modellisation agefloss, déi den Notze vun enger Impfflicht a verschiddenen Zenarioen ausrechne soll. Dat waren all déi verschidde Facteuren, déi mer haten.

Bei der Analys, bei der Konklusioun vun den Experte kënnt ee jo am Fong zur Konklusioun, dass et siwen Zenarioe gëtt. Si hunn déi jo och erkläert. Et gëtt siwen Zenarioen, mee et ass an engem – an engem! – vun deenen Zenarioen, wou am Fong eng Impfflicht ze recommandieren ass. A wann ee souguer dee Saz kuckt, dee se d'leschte Kéier nach rajoutéiert hunn, soe si, dass se eng Impfflicht recommandieren, wann een dee schlëmme Zenario gëif kréien, a soss net! Dat heescht, bei sechs aneren Zenarioe gëife se keng Impfflicht recommandieren!

Dat muss een alles am Hannerkapp hunn, well et ass ze einfach ze soen, dass d'Experte gesot hunn: „Et muss eng Impfflicht kommen.“ Neel! Si hu gesot: „Et soll eng Impfflicht kommen, wann dee schlëmme Zenario vun deene siwen Zenarioen, déi mer ausge-rechent hunn, gëif a Kraaft trieden.“

An et soll een och net vergiessen: Si schwätzen och vun enger dräifacher Konditioun! Dat heescht, éisch-tens muss et eng Virusvariant sinn, déi méi ustiechend ass – dat heescht, eng, déi wierklech ustiechend ass –, mee déi och méi schlëmme Konsequenze mat sech bréngt wéi dat, wat mer beim Omikron hunn. Dat heescht, eng, déi esou änlech geféierlech ass wéi déi, déi mer virdru kannt hu mat Delta. Mee dat heescht, dass e Virus muss kommen, dee méi geféierlech ass wéi dat, wat mer am Moment hunn, an deen dann och am Fong de Gesondheetssektor gëif u seng Limite bréngen.

Zweetens muss och e Vaccin do sinn, deen effikass ass vis-à-vis vun där Variant. Also ech muss Iech ganz éierlech soen: Et ass schwéier, elo e Vaccin ze hu fir eng Variant, déi mer nach net kennen! Well hei si jo Hypotheesen, wou mer gëife soen, mir géifen e Vaccin kréieren, dee mer missten hu fir eng Variant, déi mer am Moment och nach net hunn! Dowéinst: Et si ganz, ganz vill Hypotheesen.

An deen drëtten Punkt, deen awer ganz wichteg ass: dass d'Experte soen, dass se vun engem Impftaux vun 100 % ausginn. Här President, kommt, mir sinn awer éierlech mat eis selwer! 100 % vun de Leit iwwer 50 Joer, déi dann dräimol respektiv véiermol och misste geimpft ginn! A mir hu laang mat den Experten iwwert déi Premiss geschwat, well – on se voile pas la face –: Mir kréien ni 100 % vun de Leit geimpft! Mir hunn och d'Analys gemaach vun deenen anere Länner, wou eng Impfflicht do war, a mir hu gesinn, dass den Impakt vun där Impfflicht am Fong awer zimmlech schwéier kéint sinn, fir op en Impftaux vun 100 % ze kommen.

An ech muss Iech soen, fir eis: 100 % Impftaux wier jo dann en Impfwang! An eng Garantie kann ech Iech ginn, Här President: dass et mat dëser Regierung an dëser Majoritéit op jidde Fall ni zu engem Impfwang wäert kommen! Eng Impfflicht ass eppes, wat mer analyséiert hunn, wat och nach weider mat deenen Texter, déi mer iwwerschaffen ... Mee en Impfwang kënnt fir dës Majoritéit op jidde Fall net a Fro!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | D'Experten hunn och am Fong eis Analys gedeelt, dass een en deementsprechende potenziellen, theoreetischen Impakt vun enger Impfflicht, an och den Impakt op d'Intensivbetter, am Fong no ënne misst revidieren, well mer net op 100 % gëife kommen.

A fir eis ass dës Constat och ganz wichteg, well den Impakt, dee mer jo ëmmer virun Aen hunn, an ech wëll elo net op d'Vergangenheet ... A mir kréie jo elo och iergendeng Kéier d'Etüd vun der OCDE presentéiert, wou mer dann dee Moment eeben d'Analys musse maachen. Well, an ech hunn dat schonn hei gesot, Här President, an ech soen dat och hei nach eng Kéier virun Iech: Mir hunn net alles perfekt gemaach, mee et hat kee vun eis e Buch, wou alles drastoung, wéi et misst goen. A mir hu ganz, ganz vill Saache proposéiert kritt. An ech gesinn, den Här Wiseler schonn, dee mech hei kuckt. Et ware Pisten! An ech wëll net deen Exercice maache fir ze soen: „Deemools hat Der Onrecht“, „Deemools hat Der Recht“, „Deemools hat Der Onrecht.“ Ech gëif dat net gutt fannen, well et hat kee vun eis d'Formule magique – keen!

Mee ech muss Iech perséinlech soen – an et ass net u mir, eis eng Zensur ze ginn –: Wann ech awer kucken, wéi mer den Equiliber fonnt hunn, a virun allem, wéi mer d'Chamber awer ëmmer matageb-bonnen hunn, da si mer vis-à-vis vun anere Parlamenter, vis-à-vis vun anere Länner awer, kommt, da si mer eis awer plus ou moins eens. An ech wëll hei net der Regierung op d'Schëller klappen, well mir hunn hei zesumme mat der Chamber geschafft, mee als Classe politique hu mer et fäerdegbruecht, awer dee richtegen Equiliber ëmmer ze halen.

Fir eis muss d'Proportionalitéit eeben och gi sinn. An Dir hutt jo och d'Madamm Tanson héieren op der Pressekonferenz, dass d'Proportionalitéit ee vun de Facteuren ass, dee vun der Jurisprudenz zrëckbehalte ginn ass, fir eeben och eng Impfflicht kënne ze justifiieren. Fir eis ass eng Proportionalitéit net nëmme politesch wichteg, mee si ass och juristescht wichteg. An do wësse mer, dass am Moment och déi Konditiounen net erfëllt sinn.

Mir gesinn och, dass – ech hunn et virdru och gesot – déi 31:29 ... Fir eis ass et ganz wichteg. An ech wëll just drun erënneren, dass mir hei bei eng Impfflicht vun ab 50 gaange sinn an dass eng grouss Partei, an et ass net meng, hei fir ab 18 plädéiert huet! Dat soll een net vergiessen. Am Januar ass hei plädéiert gi fir eng Impfflicht ab 18 Joer!

*(Brouhaha)*

Neel, ech wëll elo net ... Mee mir hunn en Debat gehat a mir hunn ... Et war eng Impfflicht ab 18 Joer. A fir mech ass ganz, ganz wichteg, dass mer et haut fäerdegbréngen, Konsenser ze sichen, do wou Konsenser sinn.

Ech hunn dës le départ gesot an där doter Fro, dat hunn ech Iech schonn deemools gesot: Hei en Text mat 31:29 wier politesch e Feeler! Wéi solle mir de Leit dobaussen erklären, dass se solle matmaachen, wa mir heibannen eis zerstreiden a mat där klengst-méiglecher Majoritéit dat heite géifen duerchréien?

Dowéinst, Här President, ech sinn och frou, dass ech matkritt hunn ... Well ech weess zwar net, firwat mer de Freideg net deen Debat scho konnten hunn, well déi meescht vun Iech hu scho Positioun geholl d'lescht Woch. Dat heescht, mir hätten och scho kënnen e Freideg den Debat hunn.

*(Brouhaha et interruption par Mme Octavie Modert)*

Mir hunn en elo op haut vertaagt. Deen een oder aneren ... An et ass och, well d'Madamm Modert déi

ganzen Zäit draschwätzt an ech net verstinn. Oder Dir frot d'Wuert, da versti mer Iech alleguerten, Mammad Modert. Da musst Der op de Knäppchen drécken, an da lauschtere mer no.

*(Hilarité et interruption par la présidence)*

Mee de Fait ass ...

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Ech laachen!

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Kommt, mir maachen dat elo calme!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Jo, mee si schwätzt déi ganzen Zäit, ech héiere mech selwer net!

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Ech hunn eppes bei Iech geliert.

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Premierminister huet d'Wuert an hien därff schwätzen. Mee hei si vill aner Leit, déi draschwätzen.

*(Brouhaha)*

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Just, Här President, fir Iech ze soen, dass et fir mech wichteg ass, dass mer et fäerdegréngen. Ech probéieren en plus vu Konsensus ze schwätzen. Dir gesitt, et ass awer net mat jiddwerengem evident.

*(Interruption)*

Här President, fir eis ass et wichteg, dass mer prett sinn. Mir wëllen nämlech keng Zäit verléieren. Et ass awer schwéier. Mir hunn elo och Diskussiounen bei eis am Regierungsrat gehat: Solle mer den Text da formell deposéieren oder net deposéieren? De Problem ass, wa mer en Text formell deposéieren, musse mer och en Exposé des motifs hunn. An en Exposé des motifs kann net sinn: „vläicht“, oder am Fong e Lückentext, dat heescht, dass mer keen Exposé des motifs hunn an da schreiwe géifen, dass deen Exposé des motifs dann definéiert gëtt dee Moment, wou dann d'Rechtskräftegkeet sollt gemaach ginn.

Duerfir huet d'Regierung éischters den Debat vun haut wëllen ofwaarden, ier mer d'Texter unhuelen. Déi huele mer e Freideg am Regierungsrat dann och un. A mir wäerten déi dann och op den Instanzewe – awer informell – bréngen, dat heescht, dass mer dem Staatsrot, och de Chambres professionnelles, och der Chamber den Text géife ginn, fir dass mer, wann den Text misst gestëmmt ginn, och esou séier wéi méiglech kéinten duerchkommen.

Dir wësst, dass mer jo och Diskussiounen hate vun den Experten iwwert dee Regëster vun den Impfungen vun de Leit, déi an de Fleegeheemer oder och an den Altersheemer schaffen. Do gëtt juristescht gekuckt, wéi dat kéint gemaach ginn. A wann dat méiglech wär, da kann ech Iech soen, dass och d'Familljeministesch eis scho matgedeelt huet, dass se direkt bereet wier, mat der Santéministesch, wann et juristescht fest ass, och an déi Richtung kënnen ze schaffen.

Här President, ech wëll just ee Punkt widderhuelen, dee ganz, ganz wichteg ass. Et ass net, well mer elo keng Impfpflicht maachen, dass d'Leit net solle geimpft ginn. Dir wësst jo, dass och d'EMA en Avis ginn huet. An d'Madamm Gesondheitsministesch, mat där ech och gëschter driwwer geschwat hunn, waart op den Avis vum CSMI fir deen Alter vu 60 Joer, dee vun der EMA proposéiert ginn ass. An d'Madamm Gesondheitsministesch wäert och an den nächste Regierungsrät eeben déi Pist wëllen op den Ordre du jour bréngen, fir dass mer dat, wat d'EMA oder wat den CSMI eis dann eeben och seet, kënnen weider maachen.

Mee mir wëssen, dass awer eng véiert Impfung fir déi vulnerabelst Leit wichteg ass. An de Message

vun hei: Keng Impfpflicht soll net heesche „keng Impfung“! D'Impfung ass nach ëmmer déi bescht Léisung. Vläch net, fir de Virus net ze kréien, mee fir e schlëmme Verlaf ze verhënneren.

Ech wëll hei den Experte Merci soen, Här President, de fënnf Experten, déi eng Aarbecht gemaach hunn, déi eis vill gehollef huet, fir hei duerch dësen Debat ze kommen, an déi ganz, ganz wäertvoll och war, fir den Istzustand ze maachen, an op déi mer och eis Decisiounen konnte baséieren.

Ech wëll Iech soen, dass dës Regierung hannert der Wëssenschaft steet an och hannert deem onermiddlechen Asaz vun der Wëssenschaft. Well gleeft mer, wa mer keng Recherche gehat hätten, wa mer keng Wëssenschaft gehat hätten, wa mer keng Doktere gehat hätten a Spezialisten, déi déi lescht Méint a Joren op deem Virus geschafft hätten, hätte mer och keen Impfstoff haut an da wiere mer och net an där Situation, an där mer haut sinn. Duerfir hinnen e ganz, ganz grouse Merci. An ech freeë mech op den Debat vu muer.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Staatsminister Xavier Bettel. Déi uschlëssend Debatt féiert d'Chamber muer de Moien um 8.00 Auer.

## 7.7749 – Projet de loi portant organisation de l'établissement public « Média de service public 100,7 » et portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques

Als nächste Punkt um Ordre du jour kënnt de Projet de loi 7749 iwwert de Radio 100,7. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert kritt elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorablen Här Pim Knaff. Här Knaff, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

**M. Pim Knaff** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Radio 100,7 gouf 1991 mam Gesetz vum 27. Juli gegrënnt. Sait 1993 ginn dann och Emissiounen op dëser Well iwwerdroen. Saitdeem proposéiert deen – wéi et och op hirem Site steet – „eenzegen ëffentlech-rechtliche Radio zu Lëtzebuerg“ Programmer op Lëtzebuergesch, mat engem Fokus op Informatioun, Kultur, Divertissement a mat engem Akzent och op klassischer Musek.

No 30 Joer Aktivitéit ass allerdéngs de Moment komm, den Etablissement Radio 100,7 op de Leescht ze huelen. Dës war och schon am Koalitionsaccord ugedeit ginn. Et war och eng express Demande vum Radio 100,7, fir méi prezis Krittären an och nei Reegelen a Garantien ze kréien. Geplangt waren eng Reflexioun iwwert de Rôle an d'Missioun vum soziokulturelle Radio, eng Analys, fir eventuell d'Missioun vum Radio unzepassen, de legale Kader an och d'Verwaltung vum Radio ze adaptéieren, dës fir den 100,7 un internationalen Standarden an der Matière unzepassen, allerdéngs ouni d'Besoin vum Land a vum Public aus den Aen ze verléieren.

Mam Projet de loi 7749 ass dës Projet dann och den 20. Januar 2021 deposéiert ginn. Der Kommissioun ass en den 20. Abrëll 2021 presentéiert ginn. Et sinn eng 14 Avisen zu dësem Projet erakomm, ganz vill och vun Etablissementer, déi am Beräich Tëlees a Radiodiffusioun kënneg sinn. D'Avis vum Staatsrot koumen en éischten de 26. Oktober 2021 an den Avis complémentaire den 31. Mee 2022. De Rapport gouf den 21. Juni vun dësem Joer an der Digitalisationskommissioun ugehall.

Em wat geet et an dësem Projet? Et geet, wéi gesot, notament drëm, de Radio „de service public“ ze stäerken doduerch, dass säi Kader adaptéiert gëtt, dës duerch en eegent Gesetz, dann och dorëm, seng Missioun grad wéi och anerwäitig Aktivitéiten, déi hie mëttlerweil och ënnerhëlt, ze preziséieren, d'Verwaltung ze moderniséieren a säi Finanzement an domat seng Existenz op laang Zäit ze assuréieren.

De Projet de loi huet 22 Artikelen, op déi ech eenzel wäert agoen. Viroop: Den offiziellen Term am Projet ass „Média de service public 100,7“. Ufängs war ugeduecht, fir och den Term „Média 100,7“ am neien Text unzewenden. De Staatsrot huet dës allerdéngs net fir néideg empfongt, soudass am Text den offiziellen Term bäibehale gouf. Der Einfachheet halber a fir e bessert Versteesdemech géif ech mer erlaben, et a menger Ried beim „Radio“ oder beim „Radio 100,7“ ze beloossen. Den offiziellen Term ass a bleift awer deen, wéi en och am schrëftleche Rapport ze fannen ass.

An engem éischten Artikel kritt de Radio dann d'Personalitéit juridique zougesprach. Den Artikel 2 hält fest, dass säi Siège iwwer Règlement grand-ducal gereegelt gëtt.

Den Artikel 3 dann hält dem Radio seng Missioun fest, déi da wieren: en ëffentleche Radiosdëngscht ze leeschten, 24 Stonnen am Dag a 7 Deeg an der Woch Emissiounen ze assuréieren, dës mat Fokus op Informatioun, Kultur an Divertissement. Och déi national politesch Aktualitéit soll e Bestanddeel vum Programm sinn. D'Emissiounen sollen neutral an onofhängeg sinn. An de Radio soll ënner anerem och seng digital Offer ausweiten, fir esou de Programm ze komplettéieren a besser ze maachen.

Wat den Artikel 3 ugeet, do hat de Staatsrot am éischten Avis eng Opposition formelle ausgeschwat. D'Missioun vum Radio sollte méi kloer a virun allem méi ausféierlech etabliert ginn, dës konform mam Artikel 108bis vun eiser Verfassung.

Den Artikel 4 da concernéiert d'Permissiounen an d'Frequenzen, den Artikel 5 d'Principes de gouvernance, also d'Verwaltung.

Dann zum Artikel 6 iwwert d'Indépendance éditoriale: Och bei der Fro iwwert de Contenu hat de Staatsrot eng Opposition ausgeschwat. Wat d'Opsetze vun Emissiounen an dem Programm ugeet, huet de Staatsrot gefrot, an deem Text ze preziséieren, wie fir dës Tächen zoustänneg wier a wie berechtigt wier, op dësem Punkt Decisiounen ze huelen. Hei ass et dann elo och esou, dass, wann de Generaldirekter an de Chefredakter net enger Meinung sinn, déi zwee de Verwaltungsrot kënnen consultéieren. Deen ass dann och dofir zoustänneg, ëmmer derfir ze suergen, dass déi redaktionell Onofhängegkeet erhalte bleift. An ech mengen, dee wichtigste Punkt an deem Gesetzestext ass den Artikel 6, deen och de Statut rédactionnel festleet an en place setzt, wou de Verwaltungsrot zesumme mam Chefredakter an och mam Directeur général sech am Virfeld hir Reegele fixéieren, wéi se wëllen d'Indépendance garantéieren.

Mam Artikel 7 gëtt e „Conseil des auditeurs“ agefouert, soi-disant e Rot da vun den Nolauschterer. Dee besteet aus Leit aus dem Public, déi op d'mannst zweemol am Joer fir hire Feedback iwwert d'Aarbecht vum Radio allgemeng consultéiert ginn.

D'Artikelen 8, 9 an 10 bezéie sech op d'Attributiounen, d'Kompositioun an d'Organisatioun vum Verwaltungsrot, deen och engem interne Règlement an engem Deontologiecode wäert ënnerleien.

Den Artikel 11 beschäftegt sech mam Generaldirekter, deen d'Decisiounen vum Verwaltungsrot



exekutiert, d'Gestion journalistesch an och d'Direktion vum Programm ënnert dem Contrôle vum Verwaltungsrot an an der Mesure vu senger Pouvoiren assuréiert. Och hei hat de Staatsrot drop bestanen, d'Rechter an d'Flichte vum Generaldirekter, a grad och vis-à-vis vun engem Verwaltungsrot, ganz prezis ze definéieren, wat gemaach ginn ass.

Den Artikel 12 beseet, dass d'Regierung e Kommissär benennt, deem d'Aktivitéit vum ëffentleche Radio wäert iwwerwaachen. Dese Kommissär ass bei de Sitzunge vum Verwaltungsrot derbäi a ka sech och als Beroder mat abringen. Hien huet och en Informationsrecht a ka bei den Aktivitéite grad wéi och iwwert d'Decisionen, déi dat Finanziell betreffen, matbestëmmen.

Zum Finanzement an de Comptes annuels: Den Artikel 13 gesäit eng järelech Dotatioun à charge vum Staatsbudget vir. De Montant ass an der Konvention tëscht dem ëffentleche Radio an dem Staat festgehalen. D'Comptes annuels ginn all Kéier um Enn vum Joer clôturéiert, wéi dat am Artikel 14 och steet.

Den Artikel 15 gesäit vir, dass de Programm vum Radio am Fong keng Publicitéit virgesäit. Eenzel Emissiounen kënnen emol vu Personnes morales finanziell ënnerstëtzt ginn am Echange dofir, dass si hiren Image, hir Aktivitéiten oder hire Projet kënnen promouvieren. D'Programmation an de Contrôle iwwert d'Emissiounen bleiwen awer zu all Moment beim Etablissement. Kannersendungen kënnen par contre zu kengem Moment parrainéiert ginn.

D'ALIA, d'Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel, assuréiert laut Artikel 16 vum Projet de loi dann och d'Surveillance vun den Inhalter vum Programm.

Um Schluss vum Projet definéieren nach e puer méi kleng Dispositiounen dann dem Radio seng Obligatioun ze diffuséieren, steierlech Dispositiounen a vereenzelt Dispositions modificatives an transitoires.

D'Denominatioun vum Etablissement – ech hat et am Ufank schonn eng Kéier ernimmt – an dann och den Intitulé vum neie Gesetz ginn an den Artikelen 21 an 22 festgehalen.

Fir dee gesamten Detail an déi eenzel Avice géif ech op mäi schrëftleche Rapport verweisen. E grouss Merci un d'Kommissioun vun der Digitalisatioun an de Medien an un all d'Fonctionnaires an héijer Beamten, déi um Projet de loi matgeschafft hunn. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauscheren a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Rapporteur Pim Knaff.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Aehm ageschriwwen. Madamm Aehm, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**Mme Diane Aehm (CSV)** | Här President, d'Press gëtt dacks als „véierte Pouvoir“ an eiser Demokratie bezechent. A faktesch ass si dat och. Si ass e wichtege, jo, zentralen Acteur am ëffentlechen a politesche Liewe vun eisem Land. Duerfir ass et wichteg, eng staark Press ze hunn, eng Press, déi onofhängeg a villfältig ass. D'Press huet sech an de leschte Jore vill verännert a weiderentwéckelt. A si huet sech digitaliséiert, sou wéi déi meescht vun eis iwwerregens och.

Haut kritt den 100,7 endlech en eegestänneg Gesetz an domadder och en neien Numm. Bis elo gouf de soziokulturelle Radio nämlech iwwert d'modifizéiert

Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwert d'elektronesch Medi gereegelt, gewëssemooßen also nach am digitale Mëttelalter.

E grouss Merci soen ech dem Pim Knaff fir säin exzellente schrëftlechen a mündlechen Rapport an och merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Mediekommissioun, well et war wirklech eng Zesummenaarbecht, déi mer als Parteien, géif ech soen, alleguerten haten, fir deen heite Projet op d'Féiss ze kréien.

Ech kommen dann zrëck op de Gesetzesprojet. De Gesetzesprojet gëtt dem 100,7 eng Mission de service public, déi ganz kloer definéiert gëtt. An dat ass och gutt esou.

Mir sinn och frou als CSV, dass de Finanzement vum 100,7 weiderhin iwwer eng Konvention mam Staat gereegelt gëtt an dass déi och direkt iwwer e puer Joer leeft. Dat gëtt nämlech dem 100,7 eng gewësse Planungssécherheet iwwer eng gewëssen Zäitspan. Ausserdeem ass den 100,7 esou net vun eventuelle Rundfunkgebühren ofhängeg.

Et gëtt dem 100,7 och erlaabt, aner Missiounen ze erfëllen, awer ëmmer am Kader vu senger Mission de service public. Natierlech muss dat dann och um Niveau vun der Kontabilitéit kloer getrennt ginn.

Als CSV begreisse mir et och, dass en Zuhörerrat geschaaft gëtt. Dëst ass eppes, wat am Ausland scho laang existéiert. Am Gesetzesprojet ass virgesinn, dass deen Zuhörerrat mindestens zweemol am Joer muss consultéiert ginn. Hei soll et dann ëm de Programm vum 100,7 gien, seng Evaluatioun oder och eventuell nei Projete.

Zu dësem Punkt soe mir allerdéngs ganz kloer an däitlech, dass d'Zukunft eis weise wäert, ob deen Zuhörerrat funktionéiert oder ob gegebenefalls muss un der gesetzlecher Basis nogebessert ginn. Et steet nämlech net am Text, wéi deen Zuhörerrat sech soll zesummesetzen, op wéi enger Basis d'Leiterausgesicht ginn a wéi laang si kënnen Member dovunner sinn. Mee vum Prinzip hier ass et gutt, de Feedback vun de Leit eescht ze huelen. Dat gëllt fir all Pouvoir iwwerregens, fir eis heibannen, fir d'Regierung an och fir d'Press.

D'CSV begreist och d'Indépendance éditoriale an dass déi am Gesetz festgeschriwwen gëtt. Dëst ass e wichtege Punkt, dee vu ville Säite gefrot ginn ass. An et ass ganz kloer festgeluecht, wat geschitt, wann et sollt Divergenzen tëscht der Direktioun an dem Chefredakter ginn.

Wat d'Zesummesetzung vum Verwaltungsrot vum 100,7 ugeet, esou ass virgesinn, dass nach just een Drëttel vun de Membere vum Staat genannt ginn an déi aner zwee Drëttel vum Verwaltungsrot selwer solle virgeschloe ginn. Dëst solle Leit aus dem sozialen a kulturelle Liewe si mat den néidege Kompetenzen, fir dës Aufgab nozekommen. Et gëtt des Weidere preziséiert, dass déi Leit net d'äerle Salarie vun engem aneren Editeur sinn oder Salarie vum 100,7 selwer. Dës Leit d'äeren awer am Verwaltungsrot vun engem aneren Editeur setzen. Hei wäert d'Zukunft eis weisen, ob dës Leit wirklech onofhängeg wäerte sinn oder net.

D'Zukunft wäert eis am Allgemenge weisen, ob dëst Gesetz an der Praxis funktionéiert oder ob gegebenefalls muss nogebessert ginn. Well um Enn kënn et op eng ausgewogene global Offer fir d'Leit un, digital an analog, an op e Contenu, deen uspriechend ass an och d'Leit iwwerzeegt, an dat souwuel wat eng méiglech ëmfassend Informatioun ass, awer och eng qualitativ héichwäerteg Ënnerhaltung, a béide Fäll wa méiglech esou faarweg a villfältig wéi eist Land a seng Leit.

Als CSV gi mir op jidde Fall eisen Accord zu dësem Gesetzesprojet. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauscheren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Aehm. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Francine Closener (LSAP)** | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et dierft Iech net iwwerraschen, datt d'LSAP voll a ganz hannert dësem Gesetzesprojet steet. Et ass iwwerfällg, datt den 100,7 en eegent Gesetz kritt an domadder net nëmme symbolesch, mee ganz reell gestärkt gëtt. Wou a wéi, dat huet de Rapporteur jo ganz am Detail erkläert, merci duerfir.

D'LSAP steet zu dësem Gesetz, well mir prinzipiell a schonn ëmmer zu ëffentlech-rechtleche Medi stoungen a stinn. Et ass ganz einfach esou, datt et de Radio 100,7 ouni den Asaz vum Robert Krieps ni ginn hätt. „Krieps est le vrai père de la radio“, huet d'„Land“ 2008 deemools geschriwwen, wéi de Radio säi 15. Anniversaire gefeiert huet.

An dobäi war den Ufank vum Radio, wéi en 1993 fir d'éischt on air gaangen ass, nu wirklech net ganz einfach. Anescht wéi an deene meeschten anere Länner waren zu Lëtzebuerg jo déi Privat vir an net déi ëffentlech-rechtlech. An esou munchereen och hei am Haus huet deemools d'Noutwendegkeet vun esou engem Radio a Fro gestallt. Net jidderee war drun interesséiert, datt sech en neie Radio etabléiere sollt. Et gouf haart Widerständ an d'Tatsaach, datt de Radio bis 1997 just nomëttes gesent huet, huet dierfe senden, huet natierlech och net zu senger Gonschte gespillt.

Mee trotz deem Géigewand huet de soziokulturelle Radio sech behapt an ass zu enger fester Gréisst ginn an eiser Medi Landschaft. E stellt a senger Form en Unikum zu Lëtzebuerg duer, eebe well et eisen eenzegen 100%eg ëffentlech-rechtleche Sender ass. An duerfir ass et ëmsou méi wichteg, d'Onofhängegkeet vu senger Redaktioun ze garantéieren.

D'LSAP trëtt a fir onofhängeg Medien. Onofhängeg net nëmme par rapport zu groussen ekonomeschen Acteuren, déi iwwert d'Envergure vun hire Publicitéitsbudgeten, vun de Reklammen, déi se schalten, Afloss op privatwirtschaftlech Medi kënnen huelen, mee d'Medi mussen och der Politik géigeniwwer onofhängeg sinn. Duerfir ass et gutt, datt am Fall vum 100,7 an Zukunft d'Majoritéit vun de Membere vum Verwaltungsrot net méi duerch d'Regierung ernannt ginn.

„Ouni fräi Medi keng Demokratie“, dat ass beileiwe keng Floskel! Am Géigendeel, dat kann een eigentlech net dacks genuch widerhuelen an Zäiten, wou en autokratesch gefeiert Land säin Noper iwwerfält a seng eege Populatioun gezielt iwwert dee Krich desinforméiert.

Als LSAP sti mir, wéi gesot, fir den Ausbau vun ëffentlech-rechtleche Medien, awer och fir Medipluralismus zu Lëtzebuerg. Wéi mer heibanne viru Kuerzem iwwert d'Finanzéierung vum Service public vum RTL bis d'Joer 2030 diskutéiert hunn, hunn ech mech derfir ausgeschwat, datt mer déi Zäit net onge-notzt solle loosse.

Ob een 2030 nach genee esou een Televisiounssender, wéi mer en haut kennen, brauch, dat steet an de Stären. Déi digital Welt dréit bekanntlech séier. Ob den Interêt en enger linearer Offer nach eemol klëmmt, schéngt den Ament éischter onwahrscheinlech. Mee sécher ass awer, datt et weiderhin

e groussen Interessi u Contenuen iwwer Lëtzebuerg wäert ginn. An déi Contenne gi sécher och weider iwwermëttelt, iwwer wéi eng Kanäl och ëmmer. A grad dowéinst brauche mer eeben och no 2030 nach ëffentlech-rechtliche Sendere mat qualitativ héichwäertege Contenuen, déi accessibel fir jiddweree sinn.

Do si mir elo gefuerdert. Mir sollten déi Zäit bis 2030 net verpiddelen a verträntelen, mee eis virbereeden, wann d'Zesummenaarbecht mat RTL sollt op en Enn kommen. An et ass fir mech ganz evident, datt den 100,7 mat sengen Erfahrungswärter an dee Prozess soll, muss involvéiert ginn.

Kloer schéngt eis och, datt den 100,7 säi Bekanntheitsgrad sollt erwidere. Fir säi 25. Anniversaire hat d'Ekipp vun Radio vill Humor gewisen a sech selwer als „Geheimradio“ bezeechent an do ronderëm eng Marketingaktioun gestart. D'Zil, fir d'Audience ze vergréisseren, ass och haut nach ëmmer ginn, wat natierlech net heescht, datt den 100,7 elo soll op Boulevardjournalismus setzen. Ganz am Géigendeel, d'Qualitéit muss déi gréissten Tromp sinn. An et ass evident, datt och a puncto Internetpresenz a Social Media nach Sputt ass. A menges Wëssens ass dat och eng vun de Prioritéite vum 100,7.

An och wann en ëffentlech-rechtliche Sender natierlech do ass, fir Nischen ze besetzen, déi fir kommerziell Senderen net immens attraktiv sinn, sollt ee sech net eleng domadder zefridde ginn. De Radio sollt sech prinzipiell u jidderee richter kennen. D'Konzept ass hei den A an O. Soziokulturell war déi initial Ausrichtung, an der Rei, awer an Tëschenzäit ass de Radio, de Medium aus deem Kader längst erausgewuess.

Den 100,7 kritt elo eng zolidd Basis, e kritt nei Missiounen an Aufgaben. Dat ass gutt esou a politesch gewollt. Duerfir ass et fir eis och eng Selbstverständlechkeet, datt den Établissement public dann och déi néideg finanziell Moyene kritt, fir deenen Erwaardunge gerecht ze ginn. Och dat ass eng Fro vu politischem Wëllen. Qualitéit kritt een ni zum Nulltariff.

Zum Schluss wollt ech nach ganz kuerz en anert Theema uschwätzen, wat eng laangjäreg Fuerderung vum Journalisteverband ass – an haut geet et jo och ëm d'Journalisten –: an zwar en Informationsrecht fir d'Journalisten. Do war eng Evaluatioun vum Transparenzgesetz an der Maach an et gi jo nei Usätz, fir den Demandé vum de Journalisten entgéintzekommen. De Premier hat do schonn eng Annonce gemaach, duerfir wollt ech de Premier- a Medieminister froen, ob en eis nach e puer Präzisierungen dozou kéint ginn.

An domadder ginn ech natierlech selbstverständlech a mat grousser Iwwerzeegung den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deemem Projet de loi. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | An ech soen och der Madamm Closener villmools Merci a ginn d'Wuert direkt weider un déi honorabel Madamm Djuna Bernard.

**Mme Djuna Bernard (déi gréng)** | Merci, Här President. Merci och un de Rapporteur fir den exzellente Schrëftlechen a mündleche Rapport. A vu de kuerze Riedemodell, wëll ech just op e puer Punkten agoen. Fir d'éischt ass et gutt, dass den 100,7 no 30 Joer endlech en eegent Gesetz kritt. An dat ass e logesche Schrëtt a stäerkt d'Onofhängegkeet an de Fonctionnement vun deemem Medium.

Mir begrëssen d'Auswäitung vun de Missiounen an d'Reformen och bei der Gouvernance an dem Financement. Mir begrëssen och d'Method, wéi diesen Text zustane koum, nämlech op Basis vu Consultatiounen mat de verschiddenste Gremie vum 100,7 selwer an och no enger Debatt an der Chamber, esou wéi et am Koalitionsaccord festgehal war.

Bei deem Debat hat meng Fraktioun zwee Punkten ervirgehuewen. Dat eent war d'Iddi vun engem Zuhörer/innen-Rat. An do kommen ech gläich nach eemol drop zrëck. Dat anert war eng kloer an transparent Zesummesetzung vum Verwaltungsrat vum 100,7. Well mir sinn iwwerzeegt, dass de Gremium mat deemem Gesetz och elo gutt encadréiert ass, a begrësse besonnesch, dass d'Zivilgesellschaft hei konsequent agebonne gëtt an dass eng Kompetenzerfuhrung fir d'Administratoren am Gesetz steet an dass och eng gläich Verriedung vu Männer a Frae virgesinn ass.

Fir eis Gréng ass bei engem ëffentlech-rechtliche Medium wéi dem 100,7 wichteg, dass en den Usproch huet, eis gesamt Bevëlkerung hei am Land ze errechen. A fir dat ze packen, huet den 100,7 nieft der Informatioun och nach en edukativen, kulturellen an Ennerhaltungsoptag. An e weidere wichtige Volet ass, besonnesch an engem diverse Land wéi Lëtzebuerg, den Aspekt vun der Sprooch.

Mir sinn iwwerzeegt, dass dëst neit Gesetz eng gutt Basis ass fir den 100,7, fir an den nächste Joren nach méi Nolauschter/innen kennen ze gewannen. Fir dass dat geléngt, ass den Echange mam Public ganz wichteg. An dofir hat meng Fraktioun sech schonn 2020, wéi mer hei an der Chamber iwwert déi ëffentlech-rechtliche Media geschwat hunn, fir de Modell vun engem Zuhörer/innen-Rat agesat. A mir sinn ëmsou méi frou, dass deen elo am Gesetz verankert gouf.

Ofschléissend ruffe mer awer och an Erënnerung, dass d'Beschwatte Ännerungen sech och an der zukünftiger finanzieller Dotatioun vum 100,7 erëm spigelen müssen.

Här President, mat deemem Projet de loi setze mer e weidere Punkt aus dem Koalitionsaccord ëm. A wann ee sech d'Mediekapitel vun deem Accord ukuckt, da gesäit een, dass dës Legislaturperiod eng enorm wichteg an der Mediepolitik ass. E Meilesteen, dee mer virun engem Joer gestëmmt hunn, war déi nei Pressehëllef, wou och d'Communitymedien eng gesetzlech Unerkennung kritt hunn. E weidere wichtigen Dossier war den neie laangfristige Konzessionsvertrag mat RTL, deen d'Chamber viru Kuerzem approvuvéiert huet. Net ze vergiessen och déi sougenannt „Circulaire Bettel“ iwwert den Informationsaustausch tëscht de Ministèren an der Press, déi de Premier- a Medieminister viru e puer Wochen erausginn huet.

Dësen Text ass sécher e wichtige Schrëtt an déi richteg Richtung a mir begrëssen och, dass de Minister am Virfeld en intensiven Echange mat de Journalist/innen gefouert huet.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Djuna Bernard (déi gréng)** | Gläichzäiteg si mer awer iwwerzeegt, Här Premier- a Medieminister, an dat ass gewëssermoossen eng Parallell zum Gesetz vun haut, dass och am Beräich vum Informationsaustausch fréier oder spéider muss um gesetzlechen Niveau reagiert ginn.

Wéi mir am Januar dëst Joer op dëser Plaz am Kader vun enger Interpellatioun vum honorabelen Här Arendt iwwert d'Pressefräiheet geschwat hunn, hat de Premier- a Medieminister nieft der neier Circulaire och eng Evaluatioun vum Informationszugangsgesetz ugeschwat, déi awer nach amgaang war. Hien hat deemools ausdrécklech net ausgeschloss, dass hei Adaptatiounen géifen op de Wee bruecht ginn. Dofir wollt ech de Minister haut froen, ob déi Evaluéierung vum Gesetz parallel zur Aarbecht un der neier Circulaire virugedriwwen gouf an ob et scho Konklusione gëtt an ob hei effektiv Gesetzesännerungen an d'A gefaasst ginn, esou wéi se vun de Journalist/innen gefuerdert ginn.

Mat dem Gesetz vun haut schafe mer den Artikel 14 vum Mediegesetz of, dee bis elo déi gesetzlech Basis vum 100,7 war. Wéi d'ALIA eis virun enger Zäiten erënnert huet, ass dëst Mediegesetz zwar ëmmer erëm punktuell adaptéiert ginn, mee d'Basis dovunner staamt nach ëmmer vun 1991.

1991, fir dat kuerz anzeuerdnen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat war dat Joer, wéi de World Wide Web ëffentlech zougänglech gouf. Oder anescht: Dat war 14 Joer viru YouTube a Facebook. Hei an der Chamber hu mer an de leschte Méint e puermol iwwer Medienerziung, iwwer Hatespeech an iwwer aner medial Sujete geschwat. Fir déi gréng Fraktioun ass dofir mat Bléck op d'Zukunft kloer, dass eng Reform vum Mediegesetz sech opdrängt, bei där, firwat och net, d'Iwwerleeung vum der ALIA zu hirem eegene Fonctionnement kënne mat afléissen. Affaire à suivre respectivement à réfléchir fir déi kommend Walprogrammer.

Merci Iech alleguer fir d'Nolauschteren a merci och nach eemol un de Rapporteur. An heimadder ginn ech natierlech den Accord vun der grénger Fraktioun.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Bernard. Da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, d'ADR ass eigentlech begeeschtert, datt mer en ëffentlech-rechtliche Radio hei am Land hunn. Mir ware vun Ufank un e grouse Supporter vun där Iddi a mir begrëssen och ausdrécklech déi Tatsaach, datt elo de Radio 100,7 en eegent Gesetz kritt. Mir hate jo och en Austausch – wéi Dir warscheinlech alleguer – mat hinnen an der Vergaangenheet, a mir hätten eis nach kennen esou vill méi virstelle fir en ëffentlech-rechtliche Radio, souwuel a Museksprogrammsparte wéi och eng sproochlech Oppenheet, och fir méi Communautéiten am Land unzeschwätzen. Ben, mir hätten eis ganz vill kënne virstellen.

Mee trotzdem muss een awer och e Bléck op d'Realitéit hunn. An dofir wëll ech, well dat jo elo e bësse gewënscht ass, als Nolauschteren hei en Echo da schonn direkt ubidden, well et ass jo elo gesot ginn, datt soll ageféiert ginn. Mir sinn also eiser Zäit e bësse viraus als ADR a ginn en Zuhörerrecht. An deen ass eigentlech deen, datt, wéinstens am Abléck, de Radio 100,7 alles anescht wéi neutral ass, alles anescht!

Wann ech mir déi Reportagen, déi Echoen, d'Lëscht vun den Invitéen ukucken, mee dat ass e reng tendenziöse Radio! Et deet mer leed, dat an där Brutalitéit hei mussen ze soen, mee et ass einfach eng Tatsaach. Vun Neutralitéit keng Spuer! An dat ass dach interessant, fir dat feststellen: E Radio, deen iwwert d'Steiersue vun alle Leit hei am Land bezuelt gëtt, dee bréngt et net fäerdeg, eng ausgegliche Berichterstattung am Politischen ze bréngen. Dat ass traureg. Et ass méi wéi traureg: Et ass skandaléis!

Dat Zweet, wat ech wëll soen, dat ass, datt mer hei ..., an dat ass eng Reaktioun op d'Kolleeg vum der LSAP, d'Mediefräiheet: jo, extreem wichteg! Mee mir zensurieren am Abléck! Obschonn eis Verfassung am Artikel 24 seet: „La censure ne sera jamais établie“ (veuillez lire: „La censure ne pourra jamais être établie“), verbide mir hei am Land zënter e puer Méint auslännesch Senderen, spezifesch.

*(Interruption et brouhaha)*

Jo, egal wéi eng. Mee mir hunn eng Informationsfräiheet an der Verfassung, Artikel 24. An ech ka mech jo nëmme ëmmer erëm wonneren, wéi hei Leit iwwert d'Grundfräiheeten an esou weider schwätzen an ouni Problem akzeptéieren, datt opgrond vun enger



Decisioun vun der Europäescher ..., ech mengen, Kommissioun mat de Memberstaaten – d'Rechtsform weess ech elo net genee – einfach den Artikel 24 vun der Verfassung ëmgaange gëtt.

Voilà, ech mengen, dat war e wichtege Kommentar. Mir ware ganz frou, fir hei kënnen dozou ze schwätzen, fir och dem Radio 100,7, wéi gesot, dat nach eng Kéier ganz daitlech ze soen. Mir ënnerstëtzen d'Iddi vum ëffentlech-rechtleche Radio, wéi gesot, souguer mat Begeescherung. Awer wat am Abléck do geschitt, ass einfach net dem Neutralitéitsgebot iergendwéi entspriechend, an dofir wëll ech déi Kritik hei mat aller Daitlechkeet formuléiert hunn.

Dat Gesetz wäerte mer an deem Sënn net matstëmmen. Et sinn nach aner Dispositiounen dran, déi eis stéieren. D'Madamm Bernard hat an hirer Interventioun e puer Saache genannt, déi fir eis och net akzeptabel sinn. Mir enthalen eis dowéinst bei deem Gesetz.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An da wier et un der honorabler ... Nee, fir d'éischt nach eng Fro vun der Madamm Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här Präsident. Ech géif gären dem Här Kartheiser eng Fro stellen. Dir hutt vun engem „tendenziöse Radio“ geschwat. Kënnt Der mer, an eis alleguerten, wann ech gelift e puer Beispiller dofir ginn? Well ech hu wierklech keng Anung, wat Der domat gemengt hutt, an ech fannen dat eng ganz grav Ënnerstellung, wann een hei keng konkret Beispiller nennt. An ech ka mer net virstellen, dass déi fir eis iergendwou an enger Form zoutreffend sinn.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, also wësst Der, Madamm Bernard, ech hunn elo keng Lëscht hei matbruecht ...

**Plusieurs voix** | A!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Nee! Nee, nee, ech hunn elo keng Lëscht matbruecht vun den Invitéé vum leschte Joer. Et war ënner interessant, déi Lëscht ze maachen ...

(Interruption)

... an ze kucken, wat se an der Gesellschaft vertrieben. Mee ech ginn Iech awer Beispiller. Et ass net esou ... Wësst Der, ech wëll mech normalerweis enger Fro, déi ech awer fir begrënnt halen, a kenger Form entzéien. Dir hutt se och héiflech virbruecht an duerfir wëll ech Iech awer och äntweren.

Wësst Der, ech ginn elo just e rezent Beispill. Mir hatten eng Table ronde iwwert de Kolonialismus am Musée national d'histoire et d'art. An dorobberhi goufen e puer Leit invitéiert, fir och iwwert déi Thematik ze schwätzen – mee just eng Säit! Déi aner Säit gouf net invitéiert. An dat ass ee Beispill, ee Beispill ënner villen – et ass ee Beispill ënner villen, e rezent Beispill –, wat ech Iech hei wëll soen, well et ass, mengen ech, d'lescht Woch gewiescht oder viru 14 Deeg, wou ech mer soen: Ma wann een dann iwwer esou e Problem schwätzt, wéi ass et da méiglech, dass just eng Säit zu Wuert kënnt an net déi aner Säit, bei engem ëffentlech-rechtleche Radio?

(Brouhaha)

Dat ass ee Beispill ënner villen. Mee kuckt einfach ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Just eng Meenung!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Eng Meenung gëtt gewisen an et gëtt nëmmen eng Pensée unique, dat ass de Prinzipp vum Radio 100,7. A kuckt emol eng Kéier ..., an ech géif de Radio 100,7 invitéieren, emol eng Kéier d'Lëscht vu sengen Invitéen iwwer zwee

Joer ze publizéieren. An da kënne mer jo alleguer kucken ... Vlächten ieren ech mech. Ech wär jo frou, wann ech mech géif ieren, muss ech Iech éierlech soen. Mee ech hunn dee staarke Verdacht, dass dat absolutt eesäitig ass a, wéi gesot, engem ëffentlech-rechtleche Radio net wierdeg.

Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An da wier et elo un der honorabler Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Et ass net einfach, sech ze sammelen, wann een esou Aussoen héiert. Mee op jidde Fall soen ech fir d'éischt dem Här Knaff Merci fir säi Rapport. An ech géif direkt soen, dass effektiv dëst Gesetz, wéi et och scho vun der Madamm Closener, mengen ech, gesot gouf, scho laang erwaart gouf. An ech muss soen, dass ech mech perséinlech och immens freeën. Ech konnt gutt zéng Joer beim 100,7 mat kollaboréieren an dofir sinn ech immens frou, dat heiten dann och elo kënne matzedroen haut.

An, jo, endlech ass et souwäit, den 100,7 kritt säin eegent Gesetz an domat ass effektiv, wéi et och elo hei scho gesot gouf, seng Onofhängegkeet wierklech festgehalen. An et wonnert keen, dass mir als déi Lénk 100%eg hannert engem staarken ëffentleche Media stinn. An ech mengen, kloer ass d'Gesetz gewollt vun alle Säiten, och vum 100,7. Si schreiwe selwer an hirem Avis, dass si elo Meeschter iwwer hiert Schicksal sinn, iwwert déi Autonomie, déi se elo kréien, fir hir Entwécklungsstrategie selwer ze etablieren.

Dëst Gesetz kuckt zum Deel no hannen a wëll vergaange Feeler an der interner Gestiouen evitéieren, andeems déi intern Organisatioun a Relatiounen kloer festgeschriwwen ginn. Et kuckt awer och no vir an et projéiert den 100,7 an d'Zukunft mat neie Missiounen an Objeten.

Här President, den 100,7 wäert dann iwwer seng Radiodiffusiounsaktivitéiten erausgoen. E projéiert sech, wéi gesot, an d'Zukunft, andeems en nei Offere wëll ausschaffen, virun allem am digitale Beräich. Dës Evolution ass dem 100,7 selwer ganz wichteg. Dës digital Transformatioun ass gewollt, och fir den Nolauschterer aus dem 21. Joerhonnert ze erreechen. Dës Transformatioun drängt sech natierlech op, virun allem duerch d'technologesch Entwécklungen. An och den Avis vun der Union européenne de radio-télévision ënnersträicht, dass et wichteg ass, mat deenen Avancé matzegoen an drop anzegoen.

Et liicht an, dass, wann ee wëll „relevant“ bleiwen – entre guillemets soen ech dat, well d'Union européenne de radio-télévision schreift et esou –, dass een da muss oppe bleiwen an dass ee sech muss upassen un d'Entwécklungen. A si begréisst dann och an hirem Avis, dass dës digital Komponent mat an d'Gesetz erageholl gouf.

Nun ass et esou, dass et net duergeet, e Gesetz ze stëmmen. De Kader eleng geet net duer. D'Politik respektiv d'Regierung muss dem 100,7 déi néideg Mëttel ginn an zur Verfügung stellen, fir dëser Missioun gerecht ze ginn. Wann ee sech nei Missiounen gëtt, wa mer wëllen, dass den 100,7 méi visibel ass, an ech mengen, dat wëlle mer alleguerten, da muss mer him déi néideg Moyene ginn. Ënner anerem, wat ech domat mengen, ass natierlech déi nei Opstellung a seng digital Transformatioun, déi e wëll ugoen. An déi kascht natierlech och.

An och den neien Zuhörerrot, deen ech besonnesch begrëssen – dat gouf och elo schonn hei gesot –,

wäert eppes kaschten. Dat soll och esou sinn, well dee soll jo schaffen. An ech mengen och, dass dee sech eventuell méi wéi zweemol d'Joer sollt gesinn, wéi dat am Gesetz steet, fir wierklech kënnen interaktiv ze schaffen.

Jo, mir wëlle kee Status quo, mengen ech, vum 100,7. An ech mengen, si selwer gesi sech och an enger immens ambitiéiser Roll a wëlle méi visibel ginn, wëlle méi gehéiert ginn a wëllen nach méi eng Referenz ginn. A mat de Mëttel, déi d'Regierung dem neien 100,7 da wäert ginn, wäerte mer gesinn, wéi wichteg den 100,7 hir wierklech ass als Établissement public.

Da wëll ech nach kuerz op d'Roll vum CA agoen. Ech muss soen, dass dat, wat d'Union européenne de radio-télévision an hirem Avis schreift, bei mir besonnesch resonnéiert huet. Si begréisst, dass de CA elo net méi de Programm soll validéieren. Par konter beklot si, dass d'Formulatioun, esou wéi se zréckbehale gouf, net vill besser ass: An zwar approuvéiert de CA d'Orientatioun vum Programm. Och beklot si, dass de CA weider de Statut rédactionnel approuvéiert.

De CA ass dann – wéi mer wëssen a wéi et och elo haut hei scho gesot gouf – vu sechs Leit aus der Zivilgesellschaft an dräi Leit aus dem Staat zesumme gesat. An do gëtt da versicht, e gewëssenen Equilibre ze fannen tëscht enger noutwendeger Onofhängegkeet a gläichzäiteg enger Representatioun an engem Ownership vum Staat iwwert den ëffentleche Media. Ech mengen, op dese fragillen Equilibre gëllt et och aus Erfahrungsgrënn opzepassen.

En anere Punkt, an et gëtt der sécherlech méi, deen d'Union européenne de radio-télévision bemängelt, ass, dass gestrach gouf, dass de Generaldirekter eng breet Autonomie huet a senger Fonctiounen. Si ass besuergt dodriwwer au vu vun der Wichtigkeet vun der Autonomie vum Media.

Här President, ënnert dem Stréch begrësse mir de Projet natierlech. Ma mir schécken e Message mat, dass de legale Kader eleng net duergeet, mee dass de Kader gefëllt muss ginn. Den ëffentleche Media 100,7 brauch déi néideg Ressourcen, fir sengen Ambitiounen a senger Missiounen och gerecht ze ginn. An do muss mir hannert him stoen an en ënnerstëtzen, fir dass en déi néideg Visibilitéit an Audienz kritt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An da wier et um leschten ageschriwwene Riedner, dem honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, mam Projet de loi gëtt den „Établissement public de radiodiffusion socio-culturelle“ dann elo offiziell zum „Média de service public 100,7“. Esou kritt den 100,7, oder de „Geheimradio“, wéi e sech da selwer scho mol genannt huet, e gesetzleche Kader, deen d'Kontinuitéit vun der Institution assuréiert, seng Missiounen preziséiert a seng Gouvernance a säi Finanzement emol méi oder manner kloer festhält.

Mir Piraten stëmmen haut fir dese Projet. Mee mir müssen och kloer soen, dass eis e puer Punkten net esou gutt gefalen a mir fannen, dass een hei hätt solle méi wäit goen. D'Lëtzebuerger Mediellandschaft gëtt scho säit Längerem vun engem groussen an e puer weideren – et misst ee soe „wéinege weideren“ – Acteuren dominéiert. Dat ass evident.

Stellen d'Printmedie gläichzäiteg nach ëmmer eng wichteg Informatiounsquell duer, sou ass de Constat

vun hirem Réckgang net ze verneinen an alldeeglech ze gesinn. Grouss international Haiser kafe klenger op an och ëmmer méi Printmedie stellen hir Pabeiereditioun an a setzen elo verstärkt op d'Onlinekommunikatioun. Dat alles sinn Unzeeche fir eng sech mat der Zäit verännerend Mediellandschaft.

Mat all dese Phenomeener beschäftege sech dann och d'Reporters sans frontières, RSF, déi hire järeliche Rapport verëffentlechen, deen op d'Veännerungen an der Mediawelt ageet a weltwäit d'Pressefräiheet op de Leescht hält. 2013 louch Lëtzebuerg hei op enger exzellenter véierter Plaz. Mëtterweil si mer awer op eng net méi ganz esou exzellente 21. Plaz erofgerutscht, woubäi mer eis als „gutt“ beschriwwen Situatioun fir e „satisfaisant“ hu missen ofginn.

Leider schénge dës Verschlechterung eis Regierung awer nach weening beweegt ze hunn. Op eng parlamentaresch Fro zu dësem Thema hat de Minister nämlech erkläert, datt hien net wéisst, wéi dës Ranking zesummekënnt, obwuel een direkt um Site vun RSF eng de wëssenschaftleche Standarden entspriechend Methodologie fënnt. Entweder gouf also hei weening Zäit an den Dossier investéiert oder mir schwätzen erëm iwwer wëssenschaftlech Methodologien. Bref!

Beklot gi vun RSF wéi och vun der ALJP déi lues traitéiert Informatiounsufroen tëscht der Press an der Regierung, wourun och déi rezent beschloss Ännerungen – „Circulaire Bettel 2“ muss een da mëttlerweil wuel soen – net onbedéngt vill verbessere wäerten.

D'Piraten hunn do eng ganz kloer Positioun, an zwar, datt Journalistinnen a Journalisten e vollstännegen an och transparenten Informatiounszougang muss gewäert ginn. Mir haten d'Diskussioun virdru schonn. D'Journalisten hunn, mengen ech, do heiansdo deen nämmeleche Problem wéi d'Deputéiert.

Zousätzlech muss och d'Onofhängegkeet vun de Medien assuréiert ginn. An och hei gesi mer nach Potenzial fir Verbesserungen. An der Äntwert op déi schonns ugeschwat Question parlementaire hat de Minister am Kontext vum 100,7 heizou geschriwwen, ech zitieren: „D'Reform vum Radio 100,7 mam neien Artikel iwwert d'Onofhängegkeet am Projet de loi stäerkt d'Pressefräiheet zousätzlech.“ Zitat Enn. Mee wéi eng Onofhängegkeet ass da genau gemengt?

An zwee Avisen, an deem vun der EBU an an deem vun der ALIA, gëtt spezifesch e Mangel un Onofhängegkeet duerch den Artikel 8 kritiséiert. Well hei heescht et nämlech: „Le conseil d'administration [...] approuve l'orientation générale des programmes et la grille des programmes sur proposition du directeur général.“ Mat esou enger Dispositioun gëtt een dem Conseil d'administration e grouse Pouvoir am Daily Business vum 100,7. An esou muss ee sech dach awer d'Fro stellen: Vu wat fir enger Onofhängegkeet schwätze mer hei nach wierklech?

D'ALIA wéi och d'EBU betounen hei, datt den CA sech op d'Orientation stratégique limitéiere sollt a sech net duerch d'Approbatoun vun der Grille des programmes an d'Activité journalistique vum 100,7 amësch sollt. Dat war iwweregens och d'Diskussioun an der Kommissioun an ech mengen, datt d'Oppositioun dat opgeworf huet an och nach eng Kéier op d'Avisen vun der EBU an och vun der ALIA verweisen huet. Bëid Organisme soen nämlech och, datt dat misst de Rôle vun der Direktioun oder um Chefredakter sinn, mee net vum CA, well just esou eng tatsächlech Onofhängegkeet och kéint garantéiert ginn.

Bei „Chamber aktuell“ huet den honorabelen Deputéierte Guy Arendt zwar probéiert kloerstellen, datt hei eng kloer Trennung géif gemaach ginn, datt een, falls dann awer e Konflikt géif opkommen, dat jo

ënner, ech zitieren e wuertwäertlech: „verständnege Leit“, Zitat Enn, ausdiskutiere kéint. Mee eng propper Gesetzesbasis wär hei awer vläicht de bessere Choix gewiescht, wéi drop ze bauen, datt et am Fall vu Konflikter nach verständnege Leit gëtt. Anescht bräicht ee jo an Zukunft guer keng Gesetzter méi ze stëmmen an et misst ee just nach drop hoffen, datt mer jo alles ënner verständnege Leit ausdiskutiere kënnen. Dat kann dach net d'Approche vun der Legislativ sinn!

Mir hätten eis fir den 100,7 also definitiv eng méi kloer an ambitionéiert Gesetzesbasis gewënscht. Mee trotz de Problemer, déi mer am aktuellen Text nach gesinn, wäerte mer dese Projet haut matstëmmen, well mer de fir eng pluralistesche Mediellandschaft wichtegen Aktivitéite vum 100,7 och net am Wee stoe wëllen. Mir brauchen eng gesetzlech Basis a wann dat heiten deen eenzege Konsens ass, dann droe mir deen och mat, an der Hoffnung, datt e vläicht an Zukunft nach besser gëtt.

An da just e lescht Wuert vläicht zum Thema, datt den 100,7 tendenziéis géif berichten, d'„woxx“, als e méi klengt Blat, huet 2019 an 2020 eng Auswäertung vun den Invitée vum Dag beim 100,7 gemaach. A wann et eng Tendenz gëtt, déi vläicht tatsächlech noweisbar ass, dann ass et déi, datt nach ëmmer ze weening Fraen invitéiert ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | 2019 waren et knapps 20 % an 2020 waren et knapps 30 %, eng schéi Progressioun, mee sécherlech nach net do, wou se missten hikommen. An dat ass vläicht déi Tendenz, un där den 100,7 nach ze schaffen huet.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Medieminister Xavier Bettel.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Här President, erlaabt mer fir d'éischt, dem Här Knaff Merci ze soe fir säi Rapport. Dir wësst, den 100,7 gehéiert zu eiser Radioswelt zu Lëtzebuerg, an erlaabt mer, dass ech duerfir awer och soen, wéi wichteg d'Radioswelt zu Lëtzebuerg selwer ass. Well wann Der kuckt, wann Der RTL zesumme kuckt mam Eldorado, mat L'essentiel Radio, mat Radio Latina a mam 100,7, da si mer iwwer 85% oder 90 % vun deem, wat awer hei zu Lëtzebuerg gelauschtert gëtt. Dat heescht, dass dat, wat „fait à la maison“ ass – wann ech mer erlabe kann, dat esou ze nennen –, dass national Radioen awer och de Gros vun deem sinn, wat gelauschtert gëtt. Bon, ech hunn dann nach den 93,3 do, den „Oldiesender“, wéi deen och nach genannt ginn ass, deen sech och nach bäifüügt. Mee dat heescht, Dir gesitt awer, dass d'Attache vun der Lëtzebuerger Populatioun grouss ass mat deem, wat och hei zu Lëtzebuerg produziéiert gëtt.

A wann ee kuckt, de Radio ass och dat Zweetmeesch, wat als Source d'Informations gebraucht gëtt. Den Internet, wann een déi lescht Plurimedia-Etüd och kuckt, do gesäit een, dass den Internet no bei 90 % pro Woch vun deene Leit vun der Populatioun benotzt gëtt iwwer 15 Joer. An de Radio pendelt tëschent 79 % a bal 90 %, dat heescht 88 %. Dat weist, wéi wichteg awer de Phenomeen vum Radio och zu Lëtzebuerg ass a wéi dee gelauschtert gëtt. Dat geet beim Buedzëmmer moies un, oder heiansdo mam Radio erwachen, bis eriwier op der Aarbechtsplaz oder och am Auto.

An den 100,7 huet do seng Plaz. Den 100,7 huet do seng Plaz, esou wéi och en RTL seng Plaz huet, esou wéi en Eldorado seng Plaz huet, esou wéi e L'essentiel Radio seng Plaz huet, esou wéi e Radio Latina seng Plaz huet. Et ass dat, wat wichteg ass! A mir sollen ophalen ze soen, et ass ee Konkurrent vun deem aneren oder et ass ee méi wichteg wéi deen aneren.

Et soll een net e Radio op d'Unzuel vun de Leit, déi e lauschteren, bewäerten. An enger Demokratie ass et wichteg, dass mir als Politik eng Palett vun Offeren hunn, wou d'Leit eng Satisfaktioun hu vis-à-vis vun enger Informatiounsflucht, vis-à-vis vun engem kulturelle Programm, engem artistesche Programm, engem sportleche Programm, an dass jiddwereen am Fong an enger Demokratie d'Méiglechkeet huet, och richtig informéiert ze ginn.

An erlaabt mer dofir och, hei ze soen: dass hei e Verglach gemaach gëtt, Här President, vum Här Kartheiser vu russescher Propaganda, vu russescher Propaganda domadder, wéi den 100,7 schafft, dass ech mech muss als Medieminister dovunner wäit distanzéieren!

**Une voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Dat ass net akzeptabel! Dat ass net akzeptabel!

(Brouhaha et interruptions)

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Premierminister, den Här Kartheiser wëllt ...

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Soubal ee souwisou den Numm Kartheiser hei an där Chamber nennt, ass ëmmer Fait personnel. Also, et ass esou eng Suszeptibilitéit vusäit vun der ADR, et ass zimmlech impressionnant, mee selbstverständlech kann den Här Kartheiser mer eng Fro stellen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här Minister, ënnerstellt mer wannechgelift näischt, wat ech net gesot hunn. Dat ass, mengen ech, ganz wichteg. Ech mengen, wat ech kritiséiert hunn, ...

(Brouhaha)

Nee. Nee, nee, ech mengen, kommt, mir bleiwen ...

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Ech gesi just, meng Zäit leeft weider, Här President.

**M. Fernand Etgen**, Président | Jo, jo.

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Ech wier frou, wann déi awer gestoppt géif ginn.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, natierlech. Mee ech mengen, et ass scho ganz wichteg, datt mer um Buedem vun der Wouerecht bleiwen. Wat ech kritiséiert hunn, dat war eng Reaktioun, ...

(Brouhaha)

... dat war als Reaktioun op eng Interventioun vun der LSAP ... An dat ass, datt mir hei e Verfassungsartikel hunn, den Artikel 24, dee seet: „La censure ne pourra jamais être établie.“ An trotz deem Verfassungsartikel sinn opgrond vun enger Decisioun – ech mengen, et war eng einfach Decisioun vun der EU-Kommissioun – hei auslännesch Sendere verbuede ginn.

Ech wëll net hei qualifizéieren, wat déi auslännesch Sendere sinn oder net sinn. Dat ass net de Propos vu menger Ried. Ech soe just, et geet net, datt se verbuede ginn. Well mir hunn hei e Verfassungsgebot, wat eis dat net erlaabt! A wann een zur Verfassung steet, da muss een eeben och kënnen Senderen toleréieren, déi ee warscheinlech net gutt fënnt, oder propagandistesche. Ech muss Iech och soen, et sinn net déi eenzeg Propagandasenderen, et gëtt där eng



ganz Partie, vu ville Säiten. Mee mir hunn eng Verfassung a mäi Punkt ass just, datt mer déi solle respektéieren.

Ech hunn net e Verglach gemaach tëschent dem 100,7 an deene Senderen, déi mer verbueden hunn. Ech sinn derfir ageetratt, datt mer eis Verfassung respektéieren, d'Informationsfräiheet vum Bierger, an net higin a Medie verbidden. Dat ass dat, wat ech gesot hunn, Här Premierminister, an näischt anescht!

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Très bien!

Dann, fir Iech just matzedeele, well ech hei ganz vill Propositionen och gemaach kritt hunn, wat een alles misst änneren: Ech wëll just drun erënneren, de Radio ass jo 1991 kreéiert ginn, 1993 ass en op Antenn gaangen. De Radio ass et och ënner anere Ministere ginn. Ech si frou, dass elo jiddweree bei mir entdeckt, dass Saache musse geännert ginn! Ech si frou, dass mer hei mam Service och Saache wëlle verbesseren. Mee et si vill Saachen, déi hätt een och scho virdru kënne maachen! Ech wëll dat just eng Kéier hei gesot hunn.

*(Interruption par Mme Octavie Modert)*

An och aner ... Madamm Modert, nees?

*(Hilarité)*

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Dir mengt zu där Zäit, wéi Är Parteikollegin dee Radio do wollt ofschafen?

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Ech weess et net. Mee haut si jo ganz vill Punkte komm, déi een hätt kënne änneren.

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Mengt Der dat net? Dat wonnert mech awer, datt Der dat net wësst.

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Ech fannen, wann ee selwer fir d'Medien zoustänneg gewiescht wär, hätt ech mer e bëssen Diskretioun vun Iech erwaart. Mee bon.

*(Interruption par Mme Octavie Modert)*

De Fait ass, Här President, fir mech, wat wichtig ass, dass mer ... An de Rôle vum Radio ass en immens groussen. An dowéinsten erlaabt mer just ... An net, dass elo den Här Kartheiser mech nees falsch versteet: De Radio, wann deen Desinformation mécht a Propaganda mécht, huet e risege Pouvoir. Ech war virun e puer Wochen am Ruanda. Am Ruanda sinn an dräi Méint eng Millioun Leit ëmbruecht ginn. An do ass e Radio, Radio Mille Collines, esou wéi een dee genannt huet, deen huet eng riseg Roll do gehat, fir d'Leit ee vis-à-vis vun deem aneren opzehetzen. Dowéinsten soll een de Pouvoir vum Radio net ënnerschätzen.

Ech sinn elo wäit siche gaangen, fir Iech awer iwwert de Pouvoir vum Radio ..., mee et ass einfach, fir dass jiddweree sech däreer bewosst ass. An dofir ass och en effentlech-rechtleche Radio wichtig.

An hei, wat mer gemaach hunn – well, jo, ech soen, et sinn elo iwwer 30 Joer, wou et dee Radio gëtt –, dass de Conseil d'administration geännert gëtt, fannen ech gutt! De Staat huet virdrun d'Leit alleguerge genannt. Ech hunn net gewaart, bis deen Text och kënnt, fir dem Radio selwer ze soen: „Wien hätt Der gär?“ Dat heescht, mir hunn net gewaart, fir dat doten ze kréien. Dass e Programme pluriannuel mam Budget och decidéiert ginn ass, deen eeben och dem Här Siweck, deen haut Direkter vun deem Radio ass, Previsibilitéit gëtt vis-à-vis vu sengen Ekkippen, ass och ganz wichtig. An ech si frou, dass mer déi Efforten hei zesumme fäerdegbruecht hunn.

Ech hunn hei och konkret Froe gestallt kritt: Déi „Circulaire Bettel“, et kënnt elo eréischt, et ass jo a Kraaft,

an no sechs Méint wëlle mer och e Bilan zéien. Dat ass dat, wat wichtig ass, an och d'Transparenzgesetz si mer amgaang, nach weider ze analyséieren. An ech wäert dann och do an d'Kommissioun kommen, soubal mer weiderkommen.

A fir mech ass wichtig, dass mer och dee Rot – d'Madamm Adehm huet eis gefrot –, och dee Conseil do vun den Auditeuren, dee jo och soll kommen, fir eis ass et wichtig ... Also dat si Leit, déi sech dann och wäerte mellen. Dat heescht, et si Leit, déi jo och de Radio lauschteren. Mir kënne do net d'ILReS froen, fir dass se eis en Echantillon vun der Populatioun ginn, wou se eis soen: „Wat haalt Dir vum Programm vun 100,7?“ – „Ech hunn nach ni gelauschart.“ Dat heescht, do sollt och wierklech mam Radio zesumme gekuckt ginn, wéi mer do och deen Echantillon kënne fannen.

Mee fir mech ass virun allem wichtig, dass mer hei politesch an net poleemesch ginn. Dee Radio ass do. Dee Radio ass wichtig. D'Informatioun ass wichtig. Déi Ekkip, déi do schafft, brauch och déi néideg Moyenen, fir kënne ze schaffen. Mir hu weider investéiert, och haut an nei Technologien, dass een och iwwert den Internet a weltwäit kann den 100,7 lauschteren.

Fir mech huet e seng Plaz verdéngt an ech wäert ni e Radio oder eng Zeitung dorunner moossen, vu wivill Leit se gelies oder e gelauschart gëtt. Dat wier e politesche System, deen ech net gären hätt, wa just e Succès commercial dat ausmécht, wat fir de Public dierf gemaach ginn. Dat net!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Premier-a Medieminister Xavier Bettel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7749. Den Text steet am Document parlementaire 7749<sup>17</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7749 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7749 ass mat 55 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a 4 Abstentionen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7749 est adopté par 56 voix pour et 4 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Cécile Hemmen) et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché),*

*M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Stéphanie Empain) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass esou decidéiert.

## 8. 7877 – Projet de loi portant modification :

**1<sup>o</sup> de la loi électorale modifiée du 18 février 2003 ;**

**2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques**

Mir kommen elo zum Projet de loi 7877, enger Ofännerung vum Walgesetz. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle**

**M. Guy Arendt** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, Här Minister, den Text zu den Ännerunge beim Walgesetz, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ass den 2. September 2021 vum Premierminister deposéiert ginn a gouf den 10. September an d'Institutionskommissioun iwwerwisen. Zu deem Text sinn och eng ganz Rei Avisen erakomm, d'Datumen erspueren ech Iech, mee vun der Staatsbeamtekummer, dem Conseil national pour étrangers, der CNPD, dem Syvicol.

De 7. Dezember sinn eng Partie Amendementen vun der Regierung deposéiert ginn. Du kouw den Avis vun der ALIA, der Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel. An d'Assemblée consultative vun der ALIA huet sech och duerno zu dem Projet de loi geäussert. De Staatsrot huet säin éischten Avis den 22. Mäerz 2022 erageschéckt.

Nodeems d'Amendementen vum 7. Dezember an der Kommissioun presentéiert an adoptéiert goufen, koumen nach eemol Avisen vum Syvicol a vum Staatsrot eran. De Rapport ass schlussendlech den 1. Juli dëst Joer an der Kommissioun ugeholl ginn.

Mir hunn nom 1. Juli nach en Avis vun der CNPD erakritt, an deem dës Institutioun begréisst, dass aus dateschutzrechtliche Grënn d'Remise vun enger Kopie vun de Wielerlëschten am Gesetz gestrach ginn ass. Ech kommen nach eng Kéier dorobber zrëck.

Ech wëlt just am Virfeld kloerstellen, dass, wann ech hei vu „Wale“ schwätzen, et bei deem Text ganz kloer, an et ass schonn e puermol de Mëtteg ugeschwat ginn, ëm d'Gemengewale geet an net ëm d'Chamberwale. Dëst just eleng als Präzisioun, well ech während menger Ried och op déi Kuerzform wäert zrëckgräifen.

Wat sinn elo d'Hauptpunkte vun deem Projet de loi? Dat ass emol d'Ophiewen, éischters, vun der Residenzklause fir net lëtzebuergesch Matbierger bei de Gemengewalen, zweetens d'Upassung vun eenzelnen Delaien, fir de Leit eng nach besser Méiglechkeet ze bidden, sech fir d'Walen aschreien ze kënnen, an drëtters d'Kontroll duerch d'ALIA bei de Walcampagnen, dass d'Prinzipien an d'Reegele vun all Partei a Gruppement och agehale ginn.

Ech géif elo op vereenzelt Ännerungen an den Artikelen agoen. Am Artikel 1 ginn d'Konditiounen fir Netlëtzeburger festgeluecht, souwuel fir Leit aus EU-Memberstaaten wéi och fir Persounen aus Drëttstaaten. Déi sougenannt Residenzklausel vu fënnf Joer fällt ewech. Ufanks war ugeduecht, dass eng Persoun sollt „regelméisseg“ zu Lëtzebuerg wunnen, also e „séjour régulier“ hunn. De Staatsrot huet awer dorop higewisen, dass dës Terminologie net prezis genuch wier. D'Léisung, dass ee géif no engem Titre de séjour froen, ass vun der Institutiounskommissioun och net bäibehale ginn, well EU-Member-Matbierger dëst Dokument net brauchen, Leit aus Drëttlänner awer schonn.

Den Artikel ass leschten Enns esou zrëckbehalte ginn, dass eng Differenz tëschent Bierger aus EU-Memberstaaten an aus Drëttstaaten gemaach gëtt. En Titre de séjour ass nëmme néideg bei Bierger aus Drëttstaaten.

De Renvoi op d'Residenzklausel gëtt dann och op de jeeweilige Plazen aus dem amendéierten Text gestrach. Och d'Referenz op de Certificat, je cite: „documentant la durée de résidence“ vun engem Demandeur gëtt am Text gestrach an duerch d'Referenz op den Titre de séjour ersat.

Zum Artikel 1 sief gesot, dass de Staatsrot a sengem Avis dorop opmierksam gemaach huet, dass d'Ophiewe vun der Residenzklausel souwuel fir Persounen aus anere Memberlänner wéi och fir Persounen aus Drëttlänner eng méi grouss Ouverture wier, wéi se an der europäescher Direktiv 94/80 virgesi war. Duerch dës Ouverture géifen d'Gemengewale fir e grousst potenziellt Elektorat opgemaach ginn.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hat et ufangs gesot, et ginn och eng ganz Partie Delaie verlängert. Am Artikel 4 zum Beispill, vu, dass déi definitiv Clôture vun de Wielerlëschten op 44 Deeg virun de Wale fixéiert ass, gëtt den Delai, wéini d'Lëschten aus aneren EU-Memberstaaten geschéckt solle ginn, och vun 62 op 42 Deeg virun de Wale verlängert.

Am Artikel 5 deelt sech an dräi: Éischtens, déi provisoersch Lëschte gi vum Schafferot vum 87. Dag op de 55. Dag virun de Wale verlängert. Doduerch verëckelt, zweetens, och d'Period vun der öffentlecher Asiicht an d'Lëschten no hannen. Bis ewell konnt dat tëschent dem 86. an dem 69. Dag geschéien. Dës Period rutscht elo no hannen an d'Lëschte kënnen elo vum 54. bis zum 47. Dag virun de Wale consultéiert ginn.

Doduerch verréckelen dann am Artikel 6 och dräi weider Delaien am Kontext vun de Reklamatiounen, an dat sinn: den Datum vum Depot vu Reklamatiounen, de leschten Dag, wou Reklamatiounen kënnen afichéiert ginn, an den Delai, bis wéini de Schafferot zu dëse Reklamatiounen Stellung muss huelen. Deen Dag réckelt elo vun 72 op 44 Deeg virun de Wale.

Zu dësem Punkt sief gesot, dass ufangs och ugeduecht war, et de Leit ze erméiglechen, sech an där Period eng Kopie vun der Wielerlëscht zoukommen ze loossen. Dës Dispositioun ass finalement ënnert anerem aus Dateschutzgrënn net bäibehale ginn. Ech hat et schonn erwänt: Dëst gouf och, wéi schonn agangs gesot, vun der CNPD begréisst.

Drëttens da gëtt d'Publikatioun vum Avis public zum Depot vun de Lëschte vum 86. op de 54. Dag no hanner geréckelt. Och den Delai fir Reklamatiounen bezüglech de Lëschte gëtt ugepasst. Amplaz bis zum 79. Dag huet een elo bis zum 47. Dag virun de Wale Zäit, eng Reklamatioun eranzerechen.

An den Artikelen 7 bis 14 ginn dann nach eng ganz Rëtsch weider Delaie verlängert. Wéinst der Zäit géif

ech net op all eenzelne Changement agoen, mee se nëmme kuerz ernimmen. De gesamten Detail fannt Dir, wéi gewinnt, am schrëftleche Rapport.

Allgemeng versteet sech awer, dass mat all Delai, dee verlängert gëtt, automatesch déi nofolgend Delaien och hu missen ugepasst ginn. An dësem Fall waren dat nach d'Delaie bei der definitiver Clôture vun de Wielerlëschten, bei der zousätzlecher Lëscht fir nei ageschriwwen Wieler, beim offiziellen Depot, fir de Public ze informéieren, bei der Informatioun, déi muss erausgoen un déi Leit, déi vun der provisoersch Lëscht gestrach goufen, a bei de Recours vum Verwaltungsgericht géint all Inscriptioun, Sträichen, bei der Recevabilitéit oder wann eng Persoun ausgelosst ginn ass.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, firwat all dës Delaie réckelen? Mee dat ass ganz einfach. Heimat hu Leit, déi nach net op de Wielerlëschten agedroe sinn, nach méi Zäit, dat op hirer Gemeng ze maachen an esou un de Wale deelzehuelen.

E weideren Delai, deen ännert, ass den Delai, bis wéini d'Verwaltungsgericht bei engem Recours muss statuieren. Bis ewell konnt d'Gericht dat bis zum 44. Dag virun de Wale maachen. Mat där neier Dispositioun huet d'Verwaltungsgericht elo zéng Deeg Zäit, fir eng Decisioun ze huelen.

Mam Artikel 19 gëtt eng nei Dispositioun agefouert fir d'Fäll, wou e Gemengerot sech fréizäiteg opléist. Hei gëtt prezisiéiert, dass déi Conseillere, déi no der Dissolutioun gewielt ginn, d'Mandat vun deenen, déi si ersetzen, fäerdeg maachen.

Den Artikel 20 beschäftegt sech mam Artikel 192 vum Walgesetz a méi prezis mat der Eligibilitéit vu Persounen, fir sech als Kandidaten opsetzen ze loossen. Och hei fällt d'Residenzklausel vun de fënnf Joer ewech an eenzel Terminologien an Detailer am Bezuch op d'Dokumente, déi een als Netlëtzeburger muss kënnen virweisen, gi prezisiéiert. Allerdéngs muss ee beim passiven Walrecht nach ëmmer sechs Méint an der Gemeng wunnen.

Den Artikel 21 ännert d'Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwert d'elektronesch Medien. Mat dësem Artikel ginn der ALIA hir Missiounen festgeluecht am Kader vun de Gemengen-, National- an Europawale. Déi Missiounen huet d'ALIA scho bei den Europawale vun 2017 duerchgefouert. D'ALIA ass deemno zoustänneg, fir sougenannte „principes directeurs“ auszeschaffe fir d'Produktioun, d'Programmation an d'Diffusioun vun de Walmessagé vun den eenzelne Parteien a Gruppen. Si soll d'Walcampagne encadréieren an derfir suergen, dass all Partei a Grupp gläich no bause representéiert ass. Do geet et zum Beispill ëm Emissiounen um Radio, Antennenzäit, Tables rondes, déi vun der ALIA encadréiert ginn, Debaten an esou weider, an dëst och an Zesummenaarbecht mat deene jeeweilige Partner a Parteien.

D'ALIA selwer hat sech zu dëser Dispositioun och geäussert a fonnt, déi géif hir net wäit genuch goen a si misst méi Mëttelen zur Verfügung gestallt kréien, fir hir Missiounen ze erfëllen. D'Staatsbeamtekummer huet an deem Kontext gesot, dass ee vereenzelt Punkten nach méi wäit hätt kënnen prezisiéieren, dass een awer och de Parteie sollt d'Chance gi sech ze wieren, wa si sech vun der ALIA oder duerch d'Principes directeurs géifen ongerecht behandelt oder benodelegt spieren.

Ech wëllt awer hei nach kuerz erwänen, dass mer an der Kommissioun eng Diskussioun haten iwwert de Projet de loi am Ganzen. D'CSV hat nämlech gefrot, dass de Projet de loi sollt an zwee opgedeelt ginn, an zwar en éischte Volet reng iwwert d'Walgesetz, hannernt deem si voll steet, an en zweeten iwwert de Volet

Mediegesetz, dee laut de Kolléeg misst separat behandelt ginn. Majoritär ass entscheet ginn, de Projet net ze splécken. An ech denken, d'CSV wäert herno nach dorobber zrëckkommen.

Fir all weider Detailer géif ech nach eemol op de schrëftleche Rapport verweisen. Ech soen all deene Mataarbechter, déi un dësem Gesetzesentwurf matgeschafft hunn, e grouss Merci, an Iech merci fir d'Nolauschteren. An ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Text, obschonns, ech hunn elo virgegraff, d'Madamm Hartmann wäert herno den Accord definitiv ginn. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Rapporteur Guy Arendt.

Ech ginn d'Wuert direkt weider un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Gilles Roth (CSV)** | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV ass als Europäesch Vollekspartei selbstverständlech fir eng méi breet Integratioun vun den Netlëtzeburger hei zu Lëtzebuerg. A mir sinn dofir och fir e weidert Opmaache vum Gemengewalrecht fir Netlëtzeburger, an dat zielt wuel fir d'EU-Bierger, mee dat zielt och fir d'Leit aus den Drëttlänner.

Duerfir begrëisse mir och, de Guy Arendt huet et scho gesot, ausdrécklech dëse Gesetzesprojet, deen eigentlech um Niveau vun dem Walrecht zwou Ännerungen virgesäit. Dat ass engersäits d'Ofschafung vun der sougenannter Residenzklausel an zweetens d'Verlängerung vun dem Aschreiwungsdelai, fir iwwerhaupt kënnen als Netlëtzeburger bei de Gemengerotswale matzemaachen.

Ech wëllt ufänke mat der Ofschafung vun der sougenannter Residenzklausel. Dat ass eng gutt Saach, well se an der Praxis méi Participatioun wäert mat sech bréngen an op virum allem de Gemengen e méi realistesch Spigelbild gi vun der jeeweileger Gemengepopulatioun, déi da méi breet och bei de Gemengerotswale kann a soll ofstëmmen.

Wann een e bëssen zrëckkuckt, da gesäit een eigentlech, dass um Niveau vun dem Auslännerwalrecht bei de Gemengerotswale eng ganz Evolutioun komm ass, a mir hunn déi och als CSV, wëll ech soen, an der Regierung an och am Parlament ëmmer ausdrécklech mat begleet.

Den éischte Punkt gouf gemaach am sougenannten Traité vu Maastricht, deen och den deemolege Staatsa Finanzminister Jean-Claude Juncker mat verhandelt huet an deen eigentlech déi europäesch Citoyenneté zu Lëtzebuerg mat sech bruecht huet. 1999 war et fir d'éischt, dass Netlëtzeburger och konnte bei Gemengerotswale matmaachen. An a menger Heemechtsgemeng hate mer ee vun deene wéinegen, deen och d'Chance hat, fir an enger Proporzgemeng gewielt ze ginn als Netlëtzeburger.

Deen zweete Punkt koum dunn 2005. Et gouf eng weider Ouverture gemaach an d'Residenzdauer, déi virdu sechs Joer war, ass op fënnf erofgesat gi fir dat aktiiv an dat passiv Walrecht. An et konnten och deemools schonn niewent den EU-Bierger och Net-EU-Bierger matmaachen, net nëmme aktiv, mee och passiv. 2011 gouf et dunn déi weider Ouverture, wéi ech gesot hunn, fir och d'Net-EU-Bierger.

Bei deem ganze Gesetzesprojet, dee mer, wéi gesot, als CSV matstëmmen, gëtt et awer och eng Rei kritesch Stëmmen. An eng kuum vun der Staatsbeamtekummer an hirem Avis, déi eigentlech gemengt huet, d'Regierung hätt hei aus der Héft geschoss a si hätt



net mat alle Partie-prenanteën am Virfeld geschwat, well dat awer vun der Staatsbeamtekummer als e relativ sensibelen Dossier ugesi gouf a well si och domadder wéilte verhéieren (veuillez lire: a well doduerch awer och verhéiert gi wier), dass populistesche Stëmme de Wand aus de Seegele geholl hätt kënne ginn.

Déi zweet grouss Measure, dat ass d'Verlängerung vum Aschreiwungsdela. Dem Guy Arendt, dem Reporter, wéll ech villmools Merci soe fir säin detailléierte Bericht. Ech weess, dat ass eng dréchen an technesch Matière, déi awer grouss Implikatiounen huet. Dat ass fir eis eng wichteg Vereinfachung. An et ass, mengen ech, ëmmer och vum Syicol drop opmierksam gemaach ginn, dass dat fir déi Leit, déi déi Gemengewalcampagne sollen organiséieren, e richtige Stress ass, well do béi deem geréngste Prozedurfeeler ... Mir hunn dat jo rezent gesinn an enger Gemeng, wat eng Majorzgemeng ass, wou munches schifgelaft ass. Also, déi 54 Deeg, dat gëtt richtig sportlech, virun allem och, wat dat alles ubelaangt, fir déi Wallëschen à jour ze setzen an och déi néideg Convocatiounen ze maachen. An ech hoffen, dass dat an de Gemengen dann och riicht wäert lafen.

Mee et ass eng praktesch Continuitéit vun deem, wat och am Virfeld scho gemaach ginn ass. An ech gesinn eise fréieren Inneminister, de Kollege Jean-Marie Halsdorf, deen 2011 bei enger gréisserer Reform vun dem Walgesetz och schonn den Delai op deemools 87 Deeg erfogusat hat.

Här President, mir verstinn als CSV awer ënnert der lëtzebuergescher Identitéit och eis Sprooch. Déi soll een net exklusiv kucken, fir eis ass déi inklusiv, also net ausschléissend, mee aschléissend. Et ass en Deel vun eiser Identitéit, vun dem sougenannte „Mateen“. An et ass fir eis duerfir och kloer, an ech soen et nach eng Kéier, dass d'Langue usuelle, esou wéi et am Gemeengesetz vun 1985 steet an och virgeschriwwen ass, an Zukunft an eise Gemengen, och mat engem breeden Opmaache fir Netlëtzebuurger, muss Lëtzebuergesch sinn. Ech soen dat ganz kloer am Nimm vun eiser Fraktioun. Dat ass keng diskriminéierend Ausso, mee dat ass eng inklusiv Ausso an dat ass eng Positioun, déi mer ëmmer vertrueden hunn. Jiddweree kann an der Gemeng, an der Urzell vun der Demokratie, matmaachen, mee e muss sech dann och un d'Spillregelen halen. An d'Sprooch, dat ass een Deel vun de Spillregelen, an dat ass fir eis och ganz kloer d'Lëtzebuergesch, also och als Invitatioun zur Integratioun.

An et soll kee mussen an der Gemeng, am Gemengerot – a scho guer net am Schäfferot – fäerten, fir duerfir Lëtzebuergesch ze schwätzen. Dat muss och esou kloer bleiwen an dat ass fir eis och en Deel vun enger gemeinsamer Zukunft an de Lëtzebuurger Gemengereit, wou, wéi gesot, kënne Lëtzebuurger an Netlëtzebuurger sinn. An d'Bedeitung ass och virun allem déi, dass d'Buergermeeschteren an d'Schäffen – dat sinn déi, déi all Dag mat de Leit ze dinn hunn – och kloer mussen Lëtzebuergesch kënne schwätzen.

Ech wéll awer och kloer soen, dass mir – an d'Diskussioun war haut de Mëtteg jo schonn am Kontext vun der Verfassung ugeklungen – als CSV och kloer soen: Wa mer och fir eng Participatioun vun den Netlëtzebuurger bei de Gemengerotswale sinn, sou si mer dergéint, dass Netlëtzebuurger bei den Nationalwale mat wéile ginn. Wann ee bei eis an den Nationalwale fir d'Chamber mat wéile geet, da muss ee fir eis och d'Lëtzebuurger Nationalitéit hunn.

Ech wéll awer och ganz kloer nach eng Kéier drun erënneren, dass fir eis de Pendant dovunner war 2015, dass mer eng Proposition de loi, iwwert de Wee

vun dem Här Wiseler, erabruucht hunn, fir dass een den Zougang zur Lëtzebuurger Nationalitéit méi breet opgemaach huet, dass een dee vereinfacht huet ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR) | Bradéiert!**

**M. Gilles Roth (CSV) |** Här Kartheiser, mir hunn net d'Lëtzebuurger Nationalitéit „bradéiert“, mee mir hunn enger Realitéit Rechnung gedroen: dass vill Leit, déi zu Lëtzebuerg sinn, scho laang hei wunnen, scho laang hei liewen, bei eis an de Betriber schaffen, Expatten, déi op Lëtzebuerg kommen, wat eng Chance ass, Talenter, déi op Lëtzebuerg kommen, wat eng Chance ass fir Lëtzebuerg, fir e Lëtzebuerg mat ville Kulturen, fir e Lëtzebuerg mat villen Nationalitéiten, Här Kartheiser! A mir wëllen och engem gerechte Wonsch vun hinnen nokommen, nämlech deem, fir den Zougang zu der Lëtzebuurger Nationalitéit ze kréien, mat allen Efforten, déi si och bereet sinn ze maachen, notament fir d'Lëtzebuurger Sprooch. A jiddweree huet jo iwwert déi lescht Deeg gesinn, dat op Facebook, op Internet, wivill Leit sech an d'Lëtzebuergesch-Coursen aschreien, à tel point, dass d'Gemengen emol net méi genuch Leit fannen, fir déi Lëtzebuergesch-Coursen ze halen. An dat ass fir eis en Element vun der Integratioun, Här Kartheiser. An dat ass eppes, wou sech d'CSV vun der ADR ënnerscheet.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Gilles Roth (CSV) |** Mir gesinn d'Lëtzebuurger Sprooch, Här Kartheiser, als en Element vun der Integratioun an net als en Element vun der Exklusiv, wat ech ënnerschwellig an Ären Interventiounen héieren hunn.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Gilles Roth (CSV) |** Dat ass also fir eis e pragmatessche Wee. An ech mengen, dee Wee, deen ass och ... Ech hunn héiere vun de Majoritéitsparteien, 2015 hate si eng aner Meenung, dat hu mir respektéiert. Mee si wëssen och, dass d'Lëtzebuurger, déi mat ofgestëmmt hunn, sech zu 80 % fir dee Wee, dee mir virgeschloen haten, ausgedréckt hunn. Do fält kengem eng Zack aus der Kroun. Dat hëlt een zur Kenntnis. An ech mengen, dat ass och dee Wee, deen een och an Zukunft sollt weidergoen. Fir eis zielt: Walgergebnisse aus der Vergaangenheet, déi zielen och fir d'Zukunft. Et soll een dem Wilerwille Rechnung droen.

*(Interruption)*

Mécht een dat net, geet et eigentlech meeschtens schif.

*(Interruption)*

Här President ... Och bei de Gemengerotswalen. Jo!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosst mech awer nach e kleng „legisteschen“ Exkurs maachen – esou hu se mer dat hei opgeschriwwen.

*(Interruptions et hilarité)*

Jo, „legisteschen“, jo, dat sinn déi fréier „Wort“-Journalisten, déi schreiwe „legisteschen Exkurs“. Ech gesinn dat méi einfach an ech ralliéiere mech do deem, wat de Guy Arendt gesot huet, an ech drécken dat dann op Lëtzebuergesch aus: Mir sinn eigentlech der Meenung, dass een net soll an engem Gesetz Äppel a Bieren zesumme verméschen. An hei ware mer dach e bëssen iwwerrascht, fir net ze soen erféiert, wéi op eemol d'Regierung komm ass an an e Walgesetz eng Dispositioun iwwer en Amendement ageschriwwen huet an och nach d'Kompetenze vun der ALIA, der sougenannter Autorité de contrôle vun de Medien, wollt mat dra reegelen. Mir sinn der Meenung, dass dat net an dat Gesetz hei drapast.

**Une voix | Très bien!**

**M. Gilles Roth (CSV) |** Wann et e Budget wier, dann hätt de Conseil d'État gesot, dat wier e sougenannte „cavalier budgétaire“. Firwat? Dat gëtt jo ëmmer gesot, „cavalier budgétaire“. Wat heescht dat? Ma dass een de facto domadder eng Majoritéit an der Chamber bënnt, also seet: „Wann Der dat do, dee Budget, wéllt stëmme, da musst Der och alleguerten déi aner Dispositiounen matstëmme, och wann Der déi net esou gutt fannt!“

Mir sinn der Meenung, dass déi Dispositiounen iwwert d'ALIA net hei an dëst Gesetz passen. An dofir froe mer och – an ech hunn dat schrëftlech gemaach, och wann et op der Hand war, d'Chambersreglement gesäit dat esou vir –, dass mer iwwert den Artikel 4 (veuillez lire: iwwert d'Artikelen 21 an 22) e Vote séparé hunn.

D'Argumentatioun, firwat mer dëst Gesetz matstëmme, mee dass mer mam Artikel 4 (veuillez lire: mat den Artikelen 21 an 22) iwwert d'ALIA net d'accord sinn, do ass et eisen zweeten ageschriwwene Riedner, d'Madamm Diane Adehm als Vertrieederin vun der Mediekommissioun, déi dozou inhaltlech Stellung hëlt.

*(M. Gilles Roth dépose la demande de vote séparé sur les articles 21 et 22 du projet de loi 7877.)*

Nach eng Kéier ofschléissend: Mir si fir eng Participatioun vun den Netlëtzebuurger bei de Gemengerotswalen. Mir sinn och fir déi praktesch Vereinfachung, fir sech bis méi e spéiden Delai kënnen an d'Wallëschen anzedoen. Et ass fir eis kloer, dass dat hei keng Inzidenz op d'Nationalwale huet, wou mir soen, dass dat exklusiv fir déi Leit ass, déi d'Lëtzebuurger Nationalitéit hunn. Mir gesinn och hei keng Gefor vun engem Aféiere vun dem Walrecht fir Netlëtzebuurger iwwert d'Hannerdier.

An den Text vun der ALIA, dozou hëlt d'Madamm Adehm inhaltlech Stellung. An ech soen zum Schluss dann nach eng Kéier formell dem Guy Arendt Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mündlechen Rapport.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Roth. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann (DP) |** Här President, léif Kollegeninnen a Kollegen, an der Diskussioun, ob Auslänner dierfe wéile goen, stinn dacks parteipolitesch Ideologien am Mëttelpunkt. Mir hunn dat, mengen ech, och haut de Mëtteg scho gemerkt. A grad a Länner mat engem héije Prozentsatz un auslännesche Bierger ass d'Fro, ënner wat fir enge Konditiounen eng Participatioun méiglech ass, dach eng, déi gäre polariséiert.

Dobäi kéint een de Sujet och ganz niichter betrueden. Hei zu Lëtzebuerg liewe mir an enger representativer Demokratie an de Prinzipp vun enger Demokratie ass deen, dass jiddere sech um Entscheidungsprozess dierf bedeelegen.

D'Kapitel Gemengewalen – a mir schwätzen hei an dëser Diskussioun iwwert d'Gemengewalen an net iwwert d'Nationalwale –, d'Kapitel Gemengewalen an der Broschür iwwert d'Ausstellung iwwert d'Walrecht zu Lëtzebuerg resuméiert et ganz gutt: „D'Gemeng ass dee politeschen Niveau mat der gréisster Proximitéit zu de Leit.“ An dat stëmmt och. Eng Persoun, eng Famill, déi sech an enger Gemeng umellt, ass ab dëser Umeldung en Deel vun allem, wat eng Gemeng ausmécht. Si ass konfrontéiert mat de Schoulen, de Maison-relais, mam Transport a Verkéier, mat der

Entwécklung vum Bauperimeter, mat de Veräiner, der Energieversuergung, de Poubellen, mam Waasser, bref, mat ganz ville Saachen.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Alles dat betrëfft allegueren d'Bierger aus de Gemenen. An dofir gëtt jo am Prinzip jiddereen och un de Käschte bedeelegt.

Et ass awer och e Fait, dass eng 47 % vun de Bierger an eise Gemenen Netlëtzebuurger sinn. Dat ass bal d'Hallschent vun der Populatioun, déi zwar vun alle politeschen an administrativen Decisiounen be-  
traff ass, déi awer nëmme begrenzt politesch Rechte huet. Si kënnen sech zwar un de consultative Missiounen an Aarbechtsgruppen an de Gemenge bedeelegen, si kënnen awer net alleguerte matbestimmen, wie si am Gemengerot vertrëtt.

Här President, wéi den Traité vu Maastricht opgesat ginn ass, huet Lëtzebuerg eng net onweesentlech Roll gespillt, besonnesch wat den Artikel 8b vun dësem Traité ugeet, deem d'Weiche vum aktiven a passiven Walrecht vun auslänneschen Residenten bei Gemengewale gestallt huet. Op där Basis kënnen säit 1999 och elo schonn eng Partie vun den Netlëtzebuurger ënner gewëssene Konditiounen an hire Gemenge wéielen goen.

Trotzdem läit d'Walbedeelegung vun den Netlëtzebuurger bei de Gemengewalen op engem niddregen Niveau. 2011 louch d'Participatioun bei ronn 17 %, 2017 ass se dunn op 22,8 % an d'Luucht gaangen. Dat si manner wéi een Drëttel vun den eligibelen Auslänner, déi sech bei de leschte Gemengewalen ageschriwwen hunn. En zweeten Deel vun dëser Leit war dee Moment guer net eligibel, well si ënnert d'Clause résidentielle vu fënnf Joer gefall sinn. Dat si ronn 75.000 Leit, déi bei de leschte Gemengewalen hir Stëmm och einfach net duerften ofginn.

Kolleeginnen a Kolleegen, uechtert d'Land gëtt et eng ganz Partie grouss auslännesch Communautéiten. D'lescht Joer goufe ronn 170 Nationalitéiten am Grand-Duché gezielt, dovunner maachen d'Portugiesen zesumme mat de Fransosen, den Italiener, de Belsch an den Däitsche ronn 30,8 % vun den Netlëtzebuurger aus. Eleng an der Stad Lëtzebuerg si 70,6 % vun de Bierger Netlëtzebuurger. Duerno komme Stroosse mat 62,3 % an d'Fiels mat 58,3 %.

A genee hei läit d'Kromm an der Heck. An ech kommen nach eemol op den Ufank vu menger Ried zréck. Wa mer de Sujet ganz sober a rationell kucken, da kann et net sinn, dass jee no Gemeng eng Minoritéit mat iwwer eng Majoritéit decidéiert respektiv e groussen Deel vun der Bevëlkerung net um politesche Liewe participéiert. Eis Gemengepolitik an iwwerhaapt eis Gesellschaft liewen awer vun der gréisstméiglecher politescher Bedeelegung.

A genee op dësem Punkt setzt de Projet de loi, deem eise Kolleeg Guy Arendt eis exzellent presentéiert huet, un. Mat dësem Gesetz schafe mir elo op d'mannst d'Méiglechkeet, dass all d'Bierger an de Gemenen och eng politesch Stëmm kënnen hunn, dass se se direkt zum Ausdrock kënnen bréngen, dass si d'Recht hunn, fir d'Liewen an hire Gemenge matzestalten.

Et mag sinn, dass Netlëtzebuurger, déi an d'Land, an eng Gemeng zéien, sech am Ufank vläicht net esou gutt mat der lokaler Politik auskennen. Ma dat kann och engem Lëtzebuurger geschéien, deem an eng aner Gemeng plënnert oder, si mer éierlech, dee sech och vläicht net mat Gemengepolitik auserneeetzt. Fir eis auslännesch Matbierger liwwert deesem Text eng wichteg Incitatioun, fir sech mam kommunalpoliteschen Liewen auserneezen a sech och beschtefalls dorunner ze bedeelegen.

Här President, eng Simplificatioun vum Walrecht ass och e wichtige Message un eis nei Matbierger. Mir soen hinnen heimat nach eemol, dass si hei wëllkomm sinn, dass si en Deel vun eiser Gesellschaft sinn, dass hir Stëmm eis wichtig ass an dass mir dës Stëmm och eescht huelen.

Dacks gëtt an dësem Kontext d'Fro gestallt, firwat verschidden Netlëtzebuurger méi retizent sinn, fir sech op d'Wierlerleschten anzedroen. Do gëtt et zum Beispill Mënschen, déi aus antidemokrateschen, autoritäre Länner kommen, wou d'Demokratie an d'Mënscherechter mat Féiss getréppelt ginn, aus Staaten, wou eng Walcampagne just fir d'Galerie ass. Et ass eis Aufgab, fir deene Mënschen erëm d'Vertrauen an d'Politik an an de Fonctionnement vun engem Staat zréckzeginn. An dofir brauche mir all Participatioun, mir brauchen all Stëmm. All Stëmm, déi verluer geet, ass nämlech och e Verloscht fir eise System.

Als DP begrësse mir dohier, dass d'Clause de résidence vu fënnf Joer bei de Gemengewalen elo ewechfällt, an och, dass d'Delaen esou geännert ginn, dass och déi auslännesch Matbierger, déi bis ewell nach net agedroe sinn, d'Geleeënheet kréien, fir dat ze maachen. Dat ass ganz einfach eng Fro vu gesondem Fairplay, fir esou ville Leit wéi méiglech eng Plaz an eiser Demokratie ze ginn.

Dofir wëll ech eis auslännesch Matbierger och wirklech encouragéieren, fir sech an hire Gemenen anzuschreien, fir bei de Gemengewale vum nächste Joer mat wéilen ze goen an hiren Iwwerzeegungen och eng Stëmm ze ginn. Mat der gréisstméiglecher Participatioun vun alle Bierger kënnen mir zesummen eis Gesellschaft virubréngen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An eis nächst Riednerin ass d'Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Merci, Här President. Madamm Minister, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, virop e grouse Merci dem Guy Arendt, dem Rapporteur, fir dee ganz detailléierte mëndleche Rapport, fir säi gudde schrëftleche Rapport natierlech och. Dat erlaabt mer, fir net nach eng Kéier am Detail op déi vill Detailer anzegoe vum Gesetz, wat d'Delaen ubelaangt respektiv d'Residenzkläusel an esou weider. Et erlaabt mer virun allem, op d'Wichtigkeet anzegoe vun dësem Projet de loi. Et ass e Projet de loi, deem dat nationaalt Walgesetz op eng fundamental Aart a Weis wäert veränneren.

Grad bei dësem Gesetz hunn ech selwer méi wéi eemol dru geduecht, wéi ech a menger fréierer Buergermeeschterfunktioun mat mengem Gemengerot viles drugesat hunn, fir eis sellegen net Lëtzebuurger Bierger an d'Aktivitéiten vun eiser Gemeng anzubannen. Mee bei enger Famill mat Kanner – Kanner, déi dacks an d'Europaschoul gaange sinn, deemno ware se och net méi an der Gemengeschoul a Kontakt mat hire gläichaltrege Spillkomeroden, respektiv an deem Fall waren d'Elteren och net méi an der Gemeng ënnerwee an hate keen Austausch mateneen –, wou de Bekanntekrees vun där Famill dacks och ausserhalb vun der Gemeng war, d'Sprooch déi Saach natierlech och net méi einfach gemaach huet, do huet alles dat derzou gefouert, dass d'Participatioun un Aktivitéiten an deemno och d'Gemengepolitik u sech fir dës Leit net attraktiv waren.

Fënnf Joer, wou ee sech iwwert d'Walen net konnt bedeelegen an deem, wat politesch an der Gemeng ugestriift gëtt, dat war fir vill Leit eng ganz laang Zäit, wat mat sech bruecht huet, dass den Interessi einfach net do war, fir Uschloss ze sichen.

D'Gemengepolitik, ech hunn et gesot, huet kee richteg ugesprach, wann d'Servicer an der Gemeng gutt fonctionéiert hunn. Och hunn eis auslännesch Matbierger jo eigentlech keng Erfahrung mat engem obligatoreschen Walsystem an och dat konnt ënner Ëmstänn Angscht maachen.

Nach rezent huet e franséische Matbierger mer erkläert, dass hien ni dru geduecht hätt, fir sech anzuschreien a fir wéilen ze goen. D'Politik war fir hie ganz einfach vill ze vill wäit ewech. Mee spëtstens, wéi mer dunn awer zesummen e bëssen iwwer Konkreetes geschwat hunn, wéi zum Beispill d'Amenagement vun de Spillplazen an der Gemeng oder d'Gestaltung vun öffentlechen Plazen, d'Sécherheet a sengem Quartier oder awer d'Mobilitéit, spëtstens dunn ass de Frang gefall.

Dës klengt Beispill soll weisen, dass et hei, wéi esou dacks, bei der Kommunikatioun ufänt. D'Wichtigkeet fir d'Matbestëmmung muss erkannt ginn an et ass ganz kloer un eis, fir mat eisen auslänneschen Matbierger den Dialog ze sichen an iwwert dee Wee de Message ze vermëttelen. Mee matbestëmmen, wann een eng aner Kultur huet, sproochlech Barrieren huet, jo, eigentlech d'Finalitéit net richteg erkennt, dat ass net evident. Vill auslännesch Matbierger sinn awer zum Beispill an enger Gewerkschaft aktiv. An dat ka scho ganz hëllefreich sinn, well spëtstens hei gëtt ee gewuer, dass et nëmme dann eppes bréngt, wann ee sech och effektiv asetzt an net nëmme passiv dem Laf vum Geschéien nokuckt.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Iwwert d'Jore si wuel vill Ustengungen gemaach ginn iwwer multipel legislativ Upassungen. Dës hunn zwar d'Bedeelegung un de Gemengewale gesteigert, awer nach laang net op deem Niveau bruecht, wou ee kann unhuelen, dass de Bierger an all Gemeng bei den Decisiounen duerch den demokrateschen Prozess matgewierkt huet. Obwuel genee dat jo d'Zil ass: dass all lokal Decisioun déi Leit am meeschten interesséiert, déi op der Plaz liewen.

Déi Sensibilisatiouns- an och Informatiounscampagnen haten also net dee gewënschten Erfolleg, sou dass et elo un der Zäit ass, verstärkt un dëser Schrauf ze dréien an an der Zukunft verstärkt op esou Campagnen ze setzen.

Ech wëlt op dëser Plaz en explizitte Merci soen, e Merci den Associatiounen an och den Initiativen, déi sech fir d'Integratioun an d'Citoyennetéit asetzen. Si setze sech net nëmme an, fir Informatioun ze vermëttelen. Si setze sech och an, fir Formatioun ze ginn. Well och dat ass eppes extreem Wichtiges. Et geet net duer, d'Leit ze incitéieren, fir wéilen ze goen. Si mussen och wëssen, wat dat bedeit, awéiwäit dass si sech do kënnen abréngen a wéi iwwerhaapt dee ganze politesche System bei eis fonctionéiert.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Mir dierfen net vergiessen, dass eis Matbierger, déi keng Lëtzeburgergesch Nationalitéit hunn, genau esou en Deel vun eiser Gesellschaft a vun eisem Liewen hei zu Lëtzebuerg si wéi mir, wéi all aner Bierger och. Datt si un de lokale Walen deelhuelen, ass eng Selbstverständlechkeet, well net nëmme solle si hir Verrieder op lokalem Niveau matbestëmmen, mee si solle sech och opsetze kënnen, fir esou d'Liewe matzestalten an eis politesch Landschaft ze beräicheren.

D'Walgesetz an dëser Hisiicht ze änneren, war ee Punkt an och een Zil, wat am Koalitionsaccord festgehale ginn ass, mir dierfen dat net vergiessen, a wat elo realiséiert gëtt.



Ech ginn am Numm vun der LSAP-Fraktioun mat Freed den Accord zu dësem wichtege Gesetz, well et ass wichteg – an eisen net lëtzebuergesche Matmënschen läit eng Kraaft respektiv dee Wëllen –, fir hinne et esou einfach wéi méiglech ze maachen, fir bei deem wichtegste lokale Prozess matzewierken an hinne esou iwwer hir Stëmm Ausdrock ze ginn.

Participatioun an Integratioun sollen Ziler sinn, déi hei am Land ganz, ganz grouss geschriwwen ginn. Zesummen an nëmmen zesumme kënnen mir d'Lëtzebuerg vu muer op all Niveau an an all Schicht vun der Gesellschaft beräicheren, net nëmmen ekonomesch, mee och kulturell, sozial an tëschemënschlech.

Mir wäerten heimadder wegweisend sinn als Adoptivland fir eis auslännesch Matbierger, wegweisend fir déi Länner, déi keng Walflicht hunn, a méi nach wegweisend fir déi Länner, wou Demokratie nach e Friemwuert ass. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An eisen nächste Riedner ass den Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Merci, Här Président. Léif Kolleeginnen a Kolleegen ...

Kënnen mer de Compteur op null stellen, wannechgelift?

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Ech kucken op meng Auer.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Ok. Ech brauch ëmmer eppes.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Här Margue, laut menger Auer hutt Der genee fënnf Minutten.

(Hilarité)

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Elo kréien ech schonn erëm Drock. Ech hunn ni déi beschte Gefiller mat deem President hei. Ech vertraue menge Kolleegen do besser.

(Hilarité)

Virop e léiwe Merci un de Rapporteur Guy Arendt fir säi klore mëndlechen a schréftleche Rapport. Am Numm vun der grénger Fraktioun ginn ech och direkt eisen Accord, e ganz behäerzten a warmen Accord.

Haut ass e gudden Dag fir Lëtzebuerg. Haut ass e gudden a wichtege Dag fir d'Demokratie zu Lëtzebuerg. Ech hat elo hei stoe „virun e puer Minutten“, mee virun e puer Stonnen hu mer an der zukünfteger Verfassung eist Parlament an d'Demokratie op nationalem Niveau gestärkt. A mat dësem Gesetz stärke mer elo d'Demokratie op lokalem Niveau, an eise Gemengen.

Lëtzebuerg ass e Mosaik, ech hunn dat schonn e puermol hei gesot, ech hunn dës Beschreiwung benotzt an der Debatt iwwert d'Zesummeliwwen. E Mosaik ass e Bild, wat ee spontan als e Ganzt gesäit, wann ee fir d'éischt an e Raum erakënn, wou e Mosaik ass. Do gehéiert all Steen derzou, well soss kritt de Mosaik séier Flecken a Lächer an dat fält dann op an dann hu mer kee Ganzt méi.

Zu eiser Lëtzeburger Gesellschaft gehéiert jidder-een, deen hei wunnt, jidder-een, deen hei leeft, onofhängeg vu sengem Pass, onofhängeg vu senger Identitéitskaart. Déi Kolleeginnen a Kolleegen, déi haut de Mëtteg hir Zoustëmmung zu dësem Gesetz ginn, déi maachen haut e klore Schrëtt an eng méi inklusiv Gesellschaft. Méi inklusiv, well mer ophalen ze kucken, wéi e Pass dass de hues, well mer ophalen ze kucken, wou s de gebuer bass, fir ze entscheeden, ob s de dierfs oder net dierfs matbestëmmen, wien an

denger Gemeng déi nächst sechs Joer deng Interessen, Suergen a Wäerter an och déi vun denger Famill am Gemengerot an am Schännerot vertritt.

Dëst ass en daitleche politesche Schrëtt. Mir Gréng si frou, dass mer, sou wéi mer dat am Koalitiounsaccord ofgemaach haten, dës Reform haut kënnen ëmsetzen.

Mir sinn och besonnesch frou, dass mer haut net méi ënnerscheeden tëscht EU-Bierger a Mënsche vu soss aus der Welt, déi bei eis liewen, ob se oder ob se net dierfen um lokalen Niveau matbestëmmen. Ech sinn och frou, dass mer endlech ophalen ze larvéieren, ze luussen an dëser Problematik.

Am Gesetzesprojet hunn ech nogelies – an de Gilles Roth huet kloer higewisen op déi eenzel Perioden –, wéi vill, ech nennen et „Gefréckels“, mer un dëser Gesetzgebung gemaach hunn, mat fënnf Gesetzer zënter 1995, wou mer gekuckt hunn, wéi laang déi Residenzdauer soll sinn, wou mer fir d'éischt dat aktiivt Walrecht ginn hunn a spéider dat passivt, wou mer d'Aschreiwungsdelaie modifizéiert hunn, wou mer méi genee gekuckt hunn, wat dat dann elo eigentlech heescht, fënnf Joer hei an deem Land ze liewen. Well Dir musst wëssen, dass, wann ech meng Residenz zu Lëtzebuerg ënnerbrach hunn, den Zähler erëm bei null ugaangen ass, fir op déi fënnf Joer ze kommen. Dat war bis 2018 esou.

Net ze vergiessen och – oder léiwer dach –, dass mer dat lescht EU-Land sinn, dat bis haut eng Residenzklausel fir Ausländer bei de Gemengewalen uwennt; am Fong kee Grond, fir houfreg ze sinn. Mee gutt, léiwer spéit wéi ni. Mir setzen haut e politescht Zeechen. Jiddwereen, deen zu Lëtzebuerg wunnt, kann d'nächst Joer wéi goe bei de Gemengewalen, wann en dee Choix mécht a sech zurzäit aschreift. An e kann och selwer kandidéieren fir de Gemengerot.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Mir ginn iwwert d'EU-Direktiv eraus a mir gi bewosst doriwwer eraus. Mir begrenzen eis net op d'EU-Bierger, och wann dat an einzelnen Avisen zu dësem Gesetz net appreciéiert gouf. Als Chamber, als Gesetzgeber setze mer och hei e weidere politeschen Akzent haut de Mëtteg a mir sinn domat op der selwechter Linn, op der selwechter Wellelängt wéi de Syvicol an den Nationalen Ausländerot.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Et geet drëms, wéi schonns gesot, dass all Mënsch iwwer 18 Joer hei am Land kann a soll matbestëmmen, wien en op lokalem Niveau vertritt. D'Carole Hartmann huet schonn e weineg Ausföerunge gemaach statistescher Natur. Ech hunn der och e puer – dat konnt Der Iech jo denken! – opgeschriwwen an och Gréisstenuerdungen.

An de 70er-Jore war et ee Fënneftel Ausländer zu Lëtzebuerg, et war ee Véierel an den 80er-Joren, een Drëttel an den 90er-Joren, iwwer 40 % an den 2000er-Joren an elo si mer quasi bei der Hallschent. De Moment gëtt et keng Gemeng am Land, wou manner wéi 20 % auslännesch Matbierger wunnen. Ech mengen, et si souguer 25 %. Zu Déifferdeng an Hesper sinn et iwwer 50 %, zu Esch an zu Stroossen iwwer 60 % an hei an der Stad iwwer 70 %. Dës Zuele schwätze fir sech.

Sécher sinn haut scho vill vun dëse Matbierger mat dem auslännesche Pass berechtigt, fir hir Gemengeréit kënnen mat wielen ze goen, well si effektiv scho méi laang wéi fënnf Joer hei am Land liewen. Mee mir wëssen – dat ass och scho vun de Virriedner gesot ginn –, dass et knapps e Fënneftel war, dee sech bei de leschte Gemengewalen ageschriwwen hat. Dat war eng Verduebelung zu där Kéier virdrun, mee

awer nach ëmmer nëmmen ee Fënneftel, 22,8 %. Dat nennen ech en Demokratiedefizit an dat nennen ech e fatzegen Demokratiedefizit! Dat ass ni ze verrieden, dat ass ni gutt an dat ass besonnesch an eisen haitegen ugespaanten Zäiten net gutt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Den Desinteressi un der Politik, aus wellechen Ursachen och ëmmer e kënn, dierfe mir net einfach nokucken an dierfe mir net einfach esou hinhuelen, och wann d'Individualiséierung – op Franséisch schwätze mer vum Begrëff vun der „individuation“ – e Fakt a souguer e verstärkten Trend ass, och hei am Land. Mir müssen awer do dergéintsteieren, besonnesch an Zäiten, wou de Risiko vun der Konfrontatioun vun den Extremer ëmmer méi grouss gëtt oder wou e besteet. De leschte Mount a Frankräich hu mer et an de Wale gesinn. Dës Situatioun ass ënner anerem d'Resultat vun enger Politik an hirem staark zentraliséierte Staat, wou vill Bierger sech net gehéiert oder sech ausgegrenzt spieren – Politikverdrossenheet!

Als Demograf, als Analyst vun der soziologescher Entwécklung hei am Land sinn ech haut frou, dass dëst Gesetz d'Méiglechkeet gëtt, dësem Trend entgéintzewierken. A mir Gréng si frou, mat dësem Gesetz eng kloer Situatioun ze schafen, en inklusive Kader ze schafen, wou jidder-een ka matbestëmmen, wann en dat wëll, ouni virdrun en Hürdelaf beim Aschreiwem müssen ze maachen, en Hürdelaf, wou an der Vergaangenheet vill Leit den Delai verpasst hunn oder ënnerwee opginn hunn.

De Kalenner vun de Walen dat nächst Joer ass jo vill diskutéiert ginn. Mee ech weess awer aus mengen Zäiten, wou ech Sondagë gemaach hunn, dass dat Summerlach virun de Walen am Hierscht ganz negativ Konsequenzen hat fir matzemaachen, fir sech anzuschreien. Virun der Sommervakanz war den Interessi un de Walen net wäit verbreet. Dat ass en och net bei deene Lëtzeburger Wieler – de Walkampf ass jo nach net amgaang – a wien ...

(Brouhaha et interruption)

Virun der Sommervakanz ass normalerweis bei de Gemengewalen de Walkampf nach net amgaang op lokalem Plang.

(Brouhaha et interruption)

Gewiescht!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dir hutt schonn e Spëtzekandidat, e Buergermeeschterkandidat, eng ...

**M. Charles Margue** (déi gréng) | D'Land ass net d'Stad Lëtzebuerg! Et ass definitiv ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Här Margue, loosst Iech net beieren, Här Margue!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Froet verschidde Leit, dass ech hinnen dat ëmmer erëm virdroen, dass d'Stad Lëtzebuerg net den Nuebel vum Land ass an och net vum Zentrum.

(Brouhaha général)

Virun der Sommervakanz war, wéi gesot, den Interessi un de Gemengewalen nach net wäit verbreet. A wie sech virun der Sommervakanz net ageschriwwen hat, deen hat den Delai verpasst, wéi den Interessi dunn am Hierscht opkomm ass. Dass déi nächst Gemengewalen am Fréijoer sinn, ass an deem Sënn eng gutt Saach, grad wéi déi daitlech Verkiezung – de Rapporteur huet et gesot: 32 Deeg, dat heescht quasi e Mount – vum Aschreiwungsdelai.

Ze begrëissen ass och, dass all d'Delaien, dat heescht, och déi fir d'Chamber- an d'Europawalen, verkierzt ginn, notament d'Clôture vun de Wielerlëschten an

déi vum Depot vun de Kandidaturen. Mir hunn doriwwer diskutéiert. Et ass laang an deene verschiddene Ministèren doriwwer gekuckt ginn. Méi kuerz wär mir nach léiwer gewiescht. Et ass awer aus prozeduralen Ursachen, aus gesetzgeebesch Ursachen net anescht maachbar, well mer jo och nach d'Korrespondenzwal hunn.

Wat den Accès zu de Wielerlëschten zwecks Kontroll vun der Inscriptioun respektiv den Donnéeën ugeet, do ass et allerdéngs net just den Delai, deen ugepasst gëtt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | De Rapporteur huet et gesot. Et ass wichteg, och aus grénger Perspektiv ze ernimmen, dass hei eng dättelech Verbesserung vum Dateschutz an d'Ofschafe vun enger Praxis festgeschriwwen gëtt, déi vill Wielerinnen a Wieler ëmmer nees iwwerrascht an deelweis schockéiert huet. Ech schwätze vum der bisheeriger legaler Méiglechkeet fir all Mënsch – ech betounen: all Mënsch – am Kader vun de Walen op der Gemeng eng Kopie vun de Wielerlëschten ze froen an och ze kréien.

Op dës Lëschte stinn net nëmmen den Numm an d'Adress, mee och nach weider perséinlech Donnéeën wéi de Gebuertsuert, de Gebuertsdatum an natierlech och d'Nationalitéit. Dës Méiglechkeet, an dat ass mer wichteg hei och grad als President vun der Justizkommissioun ze soen, fir quasi egal wéi Zougang zu dëse wichtegen perséinlechen Donnéeën vu sämtlechen Wieler ze erméiglechen, gëtt mat dësem Gesetz elo ofgeschafft.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | An dat ass gutt esou an et war och méi wéi iwwerfäll! Merci. Ech ka mech erënneren, dass dat an der Diskussioun an der Kommissioun opkomm ass an dass dat deemools konnt nogebessert gi par rapport zur éischter Proposition.

D'Kontroll vun der eegener Inscriptioun op de Walleschten ass natierlech awer weiderhi méiglech, mee sur place op der Gemeng, ouni dass ee kann eng Pabeier- oder eng elektronesch Kopie vun de ganze Lëschte kréien.

Och wichteg ze wëssen: Fir d'passiivt Walrecht, also fir kënnen Kandidat ze sinn, sech kënnen wielen ze loosse, bleift nach ëmmer eng Residenzklausel vu sechs Méint, déi ee muss an der treffender Gemeng wunnen. Mee dat ass keng cibléiert Residenzklausel fir Netlëtzebuurger, mee eng generell Klausel, déi ganz generell fir all Kandidatinnen a Kandidaten gëllt, déi wëlle matmaachen.

Mir Gréng sinn a bleiwen Idealisten an Optimisten, och an dësem Dossier, wou et dréms geet, an der Gesellschaft zesummenzefannen, aus der Diversitéit mënschlech méi räich ze ginn, och wann et net ëmmer einfach ass, eng gemeinsam Sprooch ze fannen, och wa Mentalitéits- a kulturell Ënnerscheeder eng Erausforderung sinn, wann et heescht, op deenen aneren, op mäi Matbierger, duergoan an hien ze verstoen. Dës Reform vum Walgesetz ass dann och e weidere Baustee vun der Wëllkommenskultur, déi mir zu an déi mir fir Lëtzebuerg wëllen.

Et ass also elo un eis all, déi dës Projet matdroen, fir derfir ze suergen, dass mer informéieren, Reklamman maache bei allen net Lëtzebuurger Matbierger, fir sech anzeschreiwen, fir se ze motivéieren. D'Cécile Hemmen huet op e puer Beispiller higewisen, wéi een dat ka maachen a wéini da vläicht de Grosche fällt bei de Leit. Wa méiglech solle mer se och froen, fir Kandidat ze ginn. Eis Gemengeréit sollen d'Fuerwen an d'Konturen hu vun deene klengen Mosaiken vun eise Gemengen.

Éischt Initiative si jo am Ministère, am GRESIL (ndlr: Groupe d'échange et de soutien en matière d'intégration au niveau local) mam Syvicol amgaangen. Um Festival des migrations am Mäerz notament war de mobil Stand ënnerwee. Déi Initiative mussen elo verstärkt ginn, well bis haut huet nach munchereezweifel, ob a wéini d'Gesetz kéim. An ech si ganz frou, dass mer eis an der Kommissioun eens gi sinn, dass dat onbedéngt elo virum Summer nach muss gestëmmt ginn, wat mer haut maachen, an dass déi Zweifelen aus dem Raum sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Och déi al Campagnes-Websäit vun der leschter Kéier, de jepeuxvoter.lu, ass an de leschte Wochen aktualiséiert ginn a verweist elo schonn op deen nächste Stéichdatum vum 11. Juni 2023.

Ech widderhuelen hei och nach de Gedanken, dass eis Gemeindeverwaltungen eng besonnesch Plaz sinn, an ech hat bal gesot, eng besonnesch Verantwortung hunn, fir bei der Umeldung op der Gemeng déi néideg Informatiounen ze ginn un all neien auslännesche Matbierger an och all Lëtzebuergesche Bierger, dass e ka Kandidat sinn, fir sech anzeschreiwen an och am Sënn vum Vott vun haut de Mëtteg deene Leit ze vermëttelen – deene Leit ze vermëttelen! –, dass et erwünscht ass vun eis, dass si sech op lokalem Niveau via d'Walen engagéieren.

Den Nationalen Auslännerrot freet a sengem Avis, fir dem Personal an de Gemengen an deem Sënn eng Formatioun unzibidden. Als Gréng hu mir schonn ëmmer d'Positioun vertrueden, all Bierger aktiv unzeschwätzen, fir sech anzeschreiwen op d'Wallleschten.

Iwwerengs wier et sënnavoll, och dem Lëtzebuurger Wieler eng Kéier an enger flotter Broschür matzedeelen, wat fir Entscheedungen op Gemengenniveau geholl ginn, fir dass jiddwereen am Fong dat Bewosstsäin huet, dass et net ohne ass, wat alles op Gemengenniveau geschitt.

Als Gréng si mer prett, wat déi Sensibilisatioun ugeet. An ech kann Iech soen, mir wäerten eisen Deel – mir wäerten eisen Deel – dozou bäidroen; dat sief haut schonns verroden!

Nach séier awer e puer Wuert zum Volet ALIA. Et ass fir eis e wichteg Punkt, d'Schafe vun enger propperer Base légale fir d'ALIA, fir gewësse Reegele fir d'Campagne kënnen ze fixéieren an den Deroulement vun der Campagne an de Medien ze iwwerwaachen. Mee den haitegen Text, wëll ech awer soen, ass just den Ufank! Mir ware jo all 2019 opgefuerdert ginn, dem Premier matzedeelen, a wéi enge Punkte mir d'Walgesetz nach wëilten op de Leescht huelen. Dat heite war ee vun deene Punkte fir déi Gréng an deem Sënn.

Gutt dass de Staatsministère hei elo mat enger éischter Propositioun, déi nach fir déi nächst Walen, oder schonns fir déi nächst Walen elo a Kraaft ass. Mee dat ass sécherlech, dass de Mëtteg scho gesot ginn – nee, de Moie war dat –, nach net der Weisheit letzter Schluss. A mir wäerten hei all zesumme mussen no den Nationalwalen en éischte Bilan zéien an dann op dësen Dispositif zrëckkommen. Dat geet och net zulescht aus dem Avis vun der ALIA an och hirer berodender Kommissioun kloer ervir.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an drécken d'Zefriddenheet, déi grouss Zefriddenheet vun der grénger Fraktioun aus, haut de Mëtteg fir d'zweet mat engem waarmen an dättelechen Jo kënnen ze stëmmen. Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An no menger Auer hutt Der nach ëmmer fënnf Minuten.

*(Hilarité et brouhaha)*

Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och ufänke mat engem grousser Merci un de Rapporteur, den Här Arendt, datt en eis hei dee Projet esou gutt virgestallt huet.

No esou vill Freed an Zefriddenheet, déi mer vu ville Säiten hei héieren hunn, wollt ech nach eng aner kleng Erënnerung hei ubringen. Et ass en Zoufall, datt mäi Virriedner do och iergendwéi dermat ze dinn hat. Et ass e Sondage vun der TNS ILReS, deen ech hei wëll kuerz rappeléieren, aus dem November 2021. An do ass et drëm gaangen, ob d'Leit derfir sinn oder net, fir d'Fënnfoerklousel ofzeschaffen. Mir hate 25 % Jo a 66 % Neen!

Ech wëll also just hei soen, datt elo d'ADR sech e bëssen och als Porte-parole gesäit vun deene 66 %, déi éischter kritesch sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Bei den Nationalwale si mer de Porte-parole vun deenen 80 %, déi méi kritesch sinn. Elo sinn et der 66. Mee mir huelen dat ganz escht!

Dat Gesetz, wat mer hei hunn, betrëfft zwou grondverschidden Ännerungen am Walgesetz, déi u sech näischt mateneen ze dinn hunn: d'Ännerunge beim kommunale Walrecht fir d'Auslänner op där enger Säit, d'Iwwerwaache vun de Walcampagnen duerch d'ALIA op där anerer Säit. Ausserdeem verschwënnt déi Méiglechkeet, fir eng Kopie vun der Walllescht ze kréien, wat fir d'politesche Parteien, déi dat gemaach hunn an der Vergaangenheet – dat waren der eng ganz Partie –, awer elo e bëssen en Defi duerstellt.

Jiddefalls wär et och an eisen Ae besser gewiescht, déi Theemeberäicher vuneneen ze trennen a se a verschiddene Gesetzer ze behandelen. Ausserdeem wär fir d'Virbereedung vun dësen Projeten och ënnerschiddlech parlamentaresch Kommissiounen zoustänneg gewiescht.

D'ADR ass kloer géint d'Faleloosse vun der Fënnfoer-Residenzklausel fir auslännesch Staatsbierger beim kommunale Walrecht. Fir si ass d'Ausübung vum Walrecht ëmmer un eng scho gelongen Integratioun gebonnen! Ech soen dat och hei fir d'Kollege vun der CSV, déi sech eng ADR molen, wéi si se gären hätten, fir ëmmer kënnen net am Accord ze sinn. Mee d'ADR ass fir Integratioun, gesäit d'Lëtzebuurger Sprooch als Vehikel vun der Integratioun, als näischt anescht, ass fir Inklusioun, net fir Exklusioun. Mee et kann ee sech e Géigner molen, wann ee keen huet!

Et ass also fir eis ganz kloer: D'Walrecht ass eng Integratiounsleeschtung. Dorunner muss et gebonne sinn. An et muss een unhuelen, leider, datt en Auslänner, dee grad eréischt e puer Méint virum de Walen an d'Land kënnt, mat héijer statistescher Warscheinlechkeet d'Politik a senger Gemeng kaum versteet. Dat wär normal; ech kéint dat och net. Dacks genuch schwätzt en och emol keng vun deenen dräi administrativen Sproochen.

Dës Gesetz schafft iwwerdeems och eng Gefor vun der Manipulatioun vun esou Leit, déi nei kommen, d'Sproochen net schwätzen an dann awer do vläicht incitéiert ginn, wielen ze goen.

Eist Land hat sech a puncto Walrecht, kommunal oder national, bis elo iwwerhaupt näischt virzwerfen! Op



kommunalem Plang goufen och an der Vergaangenheet schonn allméiglech Campagnen an Efforte gemaach, fir eis auslännesch Matbirger ze motivéieren, fir wielen ze goen. Trotzdem war d'Participatioun niddreg. Dat ass kee Problem! Et wor jo schliisslech d'Recht vun deene Leit, fir wielen ze goen, a keng Pflicht!

Bei de Lëtzebuurger ass d'Begeeschterung fir d'Kommunalpolitik och net ëmmer grouss. Mir gesi jo all, wéi schwier et ass a ville Gemenge fir vill Parteien, komplett Lëschtchen opzestellen. Ech hunn den Androck, an der Tëschenzäit fir se all. Et wär gutt, wa mer eis kéinten iwwerleeën, wéi mir och d'Lëtzebuurger un der Politik méi interesséiert kriteen.

Lëtzebuerg huet iwwregens och d'Gemengewale fir all Auslänner opgemaach an net nëmme fir d'EU-Birger. Och dat ass eng Generosität, wéi mir se a kengem anere Land gesinn.

Beim passive Walrecht geet et an Zukunft duer, fir sechs Méint an der Gemeng gewiescht ze sinn. Mir kënnen eis jo dowéinst schonn drop virbereeden, datt et mat der Zäit ëmmer méi schwéier gëtt, fir déi Reegel duerchzehalen, datt am Gemengerot soll Lëtzebuergesch geschwat ginn. Anscheinend gëtt et elo scho Schaffen am Land, déi kee Lëtzebuergesch kennen.

*(Brouhaha et exclamations)*

Dat ëmsou méi, wéi d'Parteien ...

Jo, nee, et ass ganz gutt! Ech hoffen, déi Leit dobaussen héieren Är Reaktioun, fir datt se héieren, datt hei d'Gambiaparteie mat „o, dat wär e Problem, wa Leit am Gemengerot kee Lëtzebuergesch schwätzen“ ... (veuillez lire: datt hei d'Gambiaparteie mat „O!“ reagéieren, wann ee seet, dat wär e Problem, wa Leit am Gemengerot kee Lëtzebuergesch schwätzen). Dat ass ganz interessant! Dat ass ganz interessant!

*(Interruptions)*

Also ech hunn et elo gesot, da wëssen d'Leit och dobaussen, wéi Der reagéiert hutt!

*(Brouhaha)*

Dat ëmsou méi, wéi d'Parteien, wéi zum Beispill d'DP, ganz oppen de Begrëff vun der „Integratioun“ duerch dee vum „Zesummeliwen“ ëmmer méi ersetzen an dat zum Beispill am Schoulsystem och systematesch duerchsetzen; Segregatioun amplaz Integratioun.

De Begrëff „Zesummeliwen“ heescht an eiser politescher Realitéit leider ëmmer méi, datt ee sech ka friem bleiwen an niewenteneen, laanschtenee liewen ouni Integratioun. Dat ass d'Realitéit vun der Gambia-Politik! Si schaaft Parallellgesellschaften, an deene kee méi deen anere kennt, keng gemeinsam Sprooch geschwat ginn; awer jiddweree soll d'Walrecht hunn!

Fir d'ADR muss dat ganz anescht sinn: konsequent Integratioun an dann – duerno – d'Walrecht. Esou Initiative wéi déi, déi mir haut hei diskutéieren, weisen, datt Gambia-Walkampfpapole wéi zum Beispill eng „Zukunft op Lëtzebuergesch“ einfach Fantastereie sinn, net eescht gemengt!

Am Regierungsprogramm wor d'Ewechfale vun der Fënnjöresklausel iwwregens och net virgesinn! Dofir ass et verwonnerlech, wat elo hei op eemol fir eng Begeeschterung bei der Regierungsparteien entsteet, an et freet ee sech, wou dat hierkënn. Net aus dem Regierungsprogramm!

Här President, mir sinn als Lëtzebuerg an der EU an enger eenzegaarterger Situatioun duerch eis Demografie, an esou Derogatiounen wéi déi an der Direktiv 94/80/CE, déi Derogatiounen, wou een déi fënn

Joer virgesäit, hätte mir onbedéngt misse bäibehalen! Déi nei Reegelen an déi ultrakuerz Zäitram fir d'Aschreiwun op de Wallëschtchen a fir eventuell Re-course si fir d'Gemengen an eventuell och fir eis administrativ Gerichter eng grouss Erausforderung an eventuell och eng Belaaschtung.

Wéi ëmmer gëtt an dësem Projet behaapt, et géif jo keen eppes ewechgeholl kréien. Awer och dat ass net wouer! Kee verléiert zwar perséinlech e Recht, awer d'Gesellschaft verléiert eng weider Perspektiv op Integratioun an domat hu mer e weidere Verloscht vun Identitéit.

Fir d'ADR ass heimat also och de Konsens ëm dat kommunalt Walrecht a Fro gestallt, dee mir bis elo haten an deen op där Fënnjöresklausel berout huet.

Wat elo d'ALIA ugeet, deele mir déi Bedenken, déi d'ALIA selwer virbruecht huet. Mir bedauern ausdrécklech, datt d'ALIA net bei all Parteien gaangen ass, fir hiert Uleies virzedroen. Si ass bei eenzeler gaangen, souwäit mir wëssen. Mee fir en Organismus, dee muss absolutt neutral sinn, fir seng Aufgabe kënnen glawierdeg ze erfëllen, ass et eng absolutt Noutwendegkeet, datt en all Partei exakt op déi selwecht Manéier behandelt. Dat ass offensichtlech bis elo net de Fall an d'ALIA huet also nach e wäite Wee ze goen.

Fir e Level-Playingfield tëscht de politesche Parteien zu Lëtzebuerg ze hunn, muss mir der ALIA jiddefalls déi néideg Mëttel ginn. Par rapport zu der Situatioun am Ausland ass dat bis elo net de Fall.

Et geet besonnesch bei de Radioe mat engem effentlechen Optrag och net duer, fir just e Gläichgewicht während dem Walkampf ze observéieren, mee och baussent dem Walkampf, an och objektiv a belasschtbar Statistiken iwwert den Émgang vun de Medie mat de politesche Parteien ze maachen. Mir hate virdrun iwwert den 100,7 geschwat. Mir kéinte beim RTL och Verschiedenes soen. Fir eis ass einfach wichteg, datt mer bei effentlech-rechtliche Medien oder Medie mat engem effentlechen Optrag kënnen drop zielen, datt déi Medien ëm Neutralitéit an Objektivitéit besuergt sinn.

Wat de Projet de loi ugeet, ënnerstëtze mir, wéi gesot, déi Kritikke vun der ALIA selwer, d'Definitioun vun de Principes directeurs, déi do ernimmt ginn, méi Moyenen, méi e kloren Optrag, Missiounen iwwert de Walkampf eraus an iwwert déi Medienzäit am Walkampf, déi fir déi politesch Parteien offiziell reservéiert ass, an esou weider.

Richtig ass och, datt mir e Bléck op déi kommunal a lokal Medie mussen werfen, well och si dacks massiv vun de Schafferéit gebraucht, vläicht mëssbraucht ginn, fir am Walkampf eng eesäiteg Reklamm ze maachen.

Eis schéngt kloer, datt dëst Gesetz mat sengen neien Opträg fir d'ALIA iwwert de Knéi gebrach ass. Dat ass net nëmme schued, et ass onverantwortlech! Wien eis Demokratie eescht hält, muss och derfir suergen, datt de Walkampf an doriwwer eraus generell d'Presenz vun de Parteien an de Medien op eng gerecht a fair Manéier gereegelt ass.

Mir brauchen och Sanktiounsméiglechkeete fir d'ALIA a Recoursméiglechkeete fir déi politesch Parteien, déi sech am Kader vum Walkampf eventuell leséiert fillen. Mir denken och, datt den exklusive Gebrauch vun der Lëtzebuurger Sprooch am Kader vum Walkampf fir d'Legislativwale sollt festgeschriwwen ginn.

Dat gesot, Här President, ass kloer, datt d'ADR géint dëst Gesetz stëmmt. Ech soen Iech Merci.

**M. Fred Keup** (ADR) | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | An den nächsten ...

**Plusieurs voix** | Här President!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo. Här Cruchten!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ech wollt den Här Kartheiser awer elo ... Ech hunn em elo laang nogelauschert. Ech wollt elo net zu allem eppes soen, mee zum Schluss huet en eppes gesot, wat mech awer interpelléiert huet.

Hutt Dir elo wierklech gefuerdert, dass am Lëtzebuurger nationale Walkampf, wou mer eis eens sinn, dass do d'Netlëtzebuurger net kënnen matmaachen am Moment, hutt Der do och nach gefuerdert, dass déi ausgeschloss gi vun der Informatioun, andeems Der fuerdert, dass am Walkampf fir d'Nationalwahlen nëmme Lëtzebuergesch soll geschwat ginn?!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Wësst Der, Här Cruchten, merci fir Är Fro. An, Här President, ech huelen un, Dir gitt mer d'Erlabnis ze äntweren?

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Merci. Wësst Der, ech wëll eng kleng Bréck schloen zu där Diskussioun, déi mer virdrun haten. Mir woren eis eens, wéinstens ass dat deen Androck, deen d'Gambia-Parteien hei wollte vermëttelen, datt bei Legislativwahlen ausschliisslech Lëtzebuurger ...

*(Interruption)*

**Une voix** | Firwat „Gambia“?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... ausschliisslech Lëtzebuurger sollen d'Walrecht hunn.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Firwat sot Der „Gambia“?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Majo well dat esou ass, Här Staatsminister! Well déi Fuerwe vun dëser Koalitioun d'Gambia-Fuerwe sinn a well am ganze Land déi Koalitioun „Gambia-Koalitioun“ genannt gëtt, duerch déi Fuerwen, déi se huet.

*(Protestations et interruptions diverses)*

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Just vun Iech!

**Plusieurs voix** | Just bei Iech!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | A vum Här Wolter.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech wollt, wann Der erlaabt, dem Här Cruchten äntweren. Nach virun e puer Minutten hunn hei déi Partei gesot: Majo, beim nationale Walkampf – ech schwätzen net iwwert d'Gemengen –, beim nationale Walkampf sinn ausschliisslech Lëtzebuurger Staatsbirger walberechtigt.

Fir eis ass an deem Kontext kloer, datt mer och d'Lëtzebuurger Sprooch verankeren. Dat ass, wann Der wëllt, en zousätzlechen Incentive fir Leit, déi wëllen d'Lëtzebuurger Nationalitéit huelen an deen Abléck hiert Walrecht och ausüben, fir eeben d'Integratioun weiderzedriewen, well fir eis ass Integratioun ontrennbar mat der Lëtzebuurger Sprooch verbonnen. Et ass fir eis d'Basis vun der Integratioun!

Déi wëlle mer férdere, och duerch offiziell Akten, déi d'Sprooch als wichteg erschénge loossen. Eis ass se wichteg! Ech weess, datt dat net vu jiddwerengem gedeelt gëtt, mee fir eis ass kloer, datt mir gär hätten, datt déi Lëtzebuurger Sprooch absolutt onausweichbar ass, fir eng Integratioun virunzedriewen an domadder eng politesch Participatioun.

Ech soen Iech Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo ...  
(Interruptions)

**Une voix** | Très bien! Très, très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ech fäerte ganz, dat do sprengt all Kader vu Virstellung, déi ech bis elo hat ...

**M. Fred Keup** (ADR) | A sou?

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | ... iwwer Är Meenung zum Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg! Dat sprengt komplett de Kader!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | An d'Madamm Oberweis huet d'Wuert.

(Brouhaha)

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Här President, virop e grouse Merci dem Rapporteur, dem Här Guy Arendt. Da géif ech direkt mat den Zuelen ufänken, déi och am Projet de loi stinn zu der Walbedeelegung. Déi si jo effektiv relativ niddreg, also déi zu der Walbedeelegung vun eisen net lëtzebuergesche Residenten. Do steet am Projet de loi, 22,8 % ass den Taux d'inscription am Joer 2017. Dat schéngen déi lescht Zuelen ze si vun der Inscription vun den net lëtzebuergesche Residenten. An ech mengen, et ass scho ganz vill driwwer diskutéiert ginn, firwat dat esou ass.

Dat ass awer elo effektiv net eist Uleies. Ech soen et direkt viroewech: Mir begräisse kloer d'Ophiewe vun der Residenzklause. Mir hunn dat och nach ëmmer gefuerdert. Dat ass sécherlech eng Hürd manner, fir eeben déi Walbedeelegung ze verbesseren.

An natierlech begräisse mer och, dass d'Zäit, fir sech anzuschreien, sech elo verlängert. Och dat ass sécherlech eng Hürd manner, eng kleng Hürd manner, fir vläicht méi eng grouss Walbedeelegung ze errechen. Dat si wichteg a richtig Schrëtt.

Mee si musse sech nawell aschreien! Dat bleift fir eis trotzdem ëmmerhin nach eng Diskriminatioun par rapport zu de Lëtzeburger Residenten, déi d'office ageschriwwen sinn. An dee Schrëtt bleift fir eis awer och eng Hürd. An doduerch hu mer also net automatesch eng méi héich Bedeelegung. Dës Ännerunge ginn also fir eis net duer.

De Centre d'étude et de formation interculturelles et sociales ASBL, also den CEFIS, seet zum Beispill, dass et wichteg ass, net nëmme virun de Walen iwwert d'Rechter opzeklären an ze informéieren an Informationscampagnen ze organiséieren, mee datt dat eigentlech zu jidder Zäit soll a ka geschéien. An hie prezisiéiert, dass et zu all Moment méiglech ass, sech op d'Leschten anzuschreien, an net nëmme am Joer virun de Walen. Déi concernéiert Leit sollen also dauerhaft informéiert ginn. Mir gesinn dat och esou.

Den CEFIS proposéiert och an deem Sënn Iddien, fir d'Bedeelegung vun den net lëtzebuergesche Matawunner eropzesetzen, wéi zum Beispill, allkéiers wann eng Persoun sech an der Gemeng fir d'éischte Kéier umellt, direkt deen Ament ze notzen, fir déi Persoun ze informéieren, datt et méiglech ass, sech op d'Wallëscht anzuschreien, a si allgemeng iwwer hir Rechter an deem Zesummenhang ze informéieren. Dat dozou.

Här President, da begräisse mir d'Aschreien an d'Gesetz vun de Missiounen vun der ALIA. D'ALIA ass e wichtegen Acteur, deen iwwert dëst Gesetz eraus seng Wichtigkeet a seng Noutwendegkeet huet. Si ass wichteg, well et keng Autoregulatioun gëtt, also eng Autoregulatioun net ze erwaarden ass. Esou gesi mir dat. Geneesou wéineg wéi um Immobiliemarché, geneesou wéineg ass et um Mediemarkt ze erwaarden, dass eng Autoregulatioun méiglech ass.

Et geet duer, e Bléck an d'Ausland ze geheien, wou ee Monopolstellung bei der Press gesäit, déi déi demokratesch Prinzipien natierlech a Fro stellen. Mee mir brauchen emol keng Monopolstellungen, fir dass verschidde wichteg Prinzipie wéi Pluralitéit oder och eeben, jo, d'Diversitéit vu politeschen Iddien a Mee-nungsaustausch a Fro gestallt ginn. Dofir brauch een natierlech effektiv e staarke Regulateur a Surveilleur wéi d'ALIA.

D'ALIA begréisst dann och dëst Gesetz, dat verschidde Garde-fouen abaut, fir eeben den demokratesche Prozess ze begleeden. Si nennt awer och ganz kloer Limiten. An ech ginn nach eemol op dës Limiten an.

Et ass éischters effektiv, dass de Perimeter vun der Surveillance op all d'Medie soll ausgeweit ginn, dat proposéiere si, an net just op d'Medien, déi chargéiert si mat enger Mission de service public. Zweetens wier eeben de Périmètre de surveillance op all Programmer auszeweiden an net just op verschidde Formater. Drëttens froe si fir eng Prezisioun vun der Durée vun der Walcampagne, déi effektiv nach net prezisiéiert ass. A si froen dann och, dass se déi néideg Ressourcë kréien, fir hir Missioun ze exekutéieren. A si froen och, dass si d'Kompetenz kréien, fir eebe selwer d'Reegele vun der Organisatioun kënnen ze elaboréieren.

Dës Limite maachen ..., also déi Limiten, déi si hei opweisen, et mécht Sënn, dass een déi och esou gesäit. An dat ass eigentlech och ze bedauern. Wann ee virun allem och weess, dass eng Walcampagne iwwerall gemaach gëtt an net just an de Medien, an de Médias de service public, mee an all de Medien, an och net just an deene verschidde spezifesche Formater, mee an all de Formater an am ganze Programm, da mécht et Sënn, effektiv iwwert dës Limiten erauszegoen. Also dat licht eis wierklech ganz an. A mir hunn och d'Gefill, dass dat doten, esou wéi et elo hei feststeet, relativ hallefhäerzeg gemaach gouf am Endeffekt an dass déi Mëttel, déi der ALIA do zur Verfügung gestallt ginn, deem eigentlech och net gerecht ginn, wat si als Missioun misst hunn.

Da verweist d'ALIA och op de CSA a Frankräich, also de Conseil supérieur de l'audiovisuel, deem dem Gesetz no verflucht ass, all Mount e Relevé ze verëffentleche vun den Temps de parole vun deene verschidde politesche Fraen a Männer an de Medien, wat wierklech eng interessant Iddi ass, déi si opbréngt. An des Weidere kann dee CSA a Frankräich vu politesche Vertrieeder saisiéiert ginn, déi d'Impressioun hunn, dass si keen equitabelen Accès hunn zu den d'audiovisuelle Medien, mee och zum Beispill vu Bierger/innen, déi den Traitement, also d'Couverture vun de Walen a Fro stellen. Och dat ass en interessante Prozess, deen et do gëtt.

An d'Irregularitéit, wa se da constatéiert, also confirméiert gëtt vun deem CSA a Frankräich, kann dann och bei hinne bestrooft ginn. Also do verweist si drop fir ze weisen, dass et nach aner Missiounen an aner Méiglechkeeten am Ausland gëtt. An ech mengen, dat ass wierklech e ganz interessanten Hiweis. Dovunner si mir awer nach ganz wäit ewech.

D'Gesetz hätt da kënnen effektiv vill méi ambitiéis sinn, seet d'ALIA, a mir mengen dat effektiv och. Weider dann hunn ech mech gefrot – hu mir eis gefrot –, ob d'Missiounen vun der ALIA net missten iwwert d'Walcampagne erausgoen an ob si net missten iwwert d'Walcampagne eraus u sech d'Programmer an d'Medien och surveilléieren. An do mengt d'ALIA, idealerweis misst effektiv ausserhalb vun der Walcampagne eng equitabel Presenz vun de politesche Parteien a Stréimungen iwwerwaacht ginn, mee si wär awer elo net direkt Demandeur dovunner, well si déi néideg Ressourcen net huet.

Wichtig ass feststellen, wat d'ALIA ënnert dem Stréch seet, an zwar, dass d'Gesetz hir et net erlaabt, en adequate Suivi vun der Couverture médiatique während der Walcampagne ze assuréieren.

Als Conclusioun dann: Mir begréissen natierlech dëst Gesetz, obwuel mir mengen, dass d'ALIA hirer Missioun esou, mat deenen dote Ressourcen a Moeien, net ka gerecht ginn. Hir Missioun misst eiser Meenung no och iwwert d'Walcampagne erausgoen, well eng equitabel Couverture vun deene verschidde politeschen Iddien ass ëmmer wichteg, an net just an enger Walcampagne.

Des Weidere wëlle mir ënnersträichen, dass mir ëmmer nach mengen, dass och bei de Legislatiwalen all Resident sech misst kënnen ausdrécken a wile goen. Genee esou wéi déi Argumenter fir d'Gemengewale gëllen, gëlle se an eisen Aen och bei de Legislatiwalen. An Dir wësst, mir maachen eis dofir staark. Mee dat heiten ass schonn emol e gudden éischte Schrëtt.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. Den nächste Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de virleiende Projet huet a grouse Linnen d'Inhalter aus direkt zwou Gesetzespropositiounen vun de Piraten iwwerholl. An dofir wäert et och wuel kee wonneren, datt mir haut deen Text matstëmmen.

Schonn am Juni 2019 hate mer als Piraten eng Gesetzespropositioun agereecht, déi d'Zil hat, den Datenschutz an de Walcampagnen ze verbesseren an et de Gemengen ze verbidden, Kopie vun den integrale Wallëschten u Privatleit an domadder och un d'Parteien erauszeginn.

Bal dräi Joer méi spët gouf dës Reegelung du mat engem Amendement an de virleiende Projet agebaut, wat eis engersäits natierlech ganz frou mécht, mee zugläich awer och weist, wéi ongär d'Regierungsparteie mat den Oppositionsparteien zesummeschaffen. Eise Projet louch zanter 2019 vir. Firwat hu mer also dräi Joer misse waarden, fir dës Dispositioun ze stëmmen, ee Saz ze änneren? Just well op en Text vun der Regierung gewaart ginn ass?

(Interruption)

Mee d'Regierung ass net de Gesetzgeber, mee mir, d'Chamber!

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

A mir haten net nëmme en Text fir den Dateschutz am Zesummenhang mat de Wallëschte virleien, éier d'Regierung aktiv ginn ass, mee och en Text, dee sech, genee wéi elo dee vun der Regierung, mam Walrecht bei de Gemengewale beschäftegt huet, en Text, deen och vun eis agereecht ginn ass. An trotzdem gouf decidéiert, op de Regierungstext ze waarden an domat Doublanten ze erschafen, amplaz gemeinsam un deene schonn deposéierten Texten an der Prozedur ze schaffen.

Datt dann och nach am Rapport vum virleiende Projet mat kengem Wuert ernimmt ginn ass, datt d'Inhalter vun deem Projet zum Deel als éischt schonn an anere Gesetzespropositiounen stoungen, déi deposéiert waren hei am Haus, dat fanne mer bedauerlech!

Hei gesäit een, wéi strateegesch Iwwerleeungen iwwerweisen an ee léiwer laang op eng Gesetzesännerung waart, amplaz mat der Opposition konstruktiv zesummeschaffen. Mee trotz den onglécklechen



Hannergrënn vun der Aarbechtsweis an dësem Dossier freeë mer eis, wéi gesot, doriwwer, datt dëse Projet haut dann endlech gestëmmt ka ginn.

Néierens ass d'Politik esou no beim Bierger wéi an de Gemengen. Duerfir mengen d'Piraten och, datt d'Chance, bei de Gemengewalen dierfe matzewielen, eng wichteg Méiglechkeet ka sinn, fir Matbierger mat auslänneschen Originne fir d'Lokalpolitik an duerno fir d'Politik am Allgemengen ze begeeschteren. Wann ee vu virera weess, datt ee kee Matsproocherecht huet, dann ass et net verwonnerlech, wann den Interessi un der Politik net grouss ass. Mee do duerch, datt een den auslännesche Matbiergerinnen a Matbierger vun Ufank un erlaabt, déi lokal Politik matzegestalten, esou wéi et an dësem Projet de loi virgesinn ass, motivéiert ee se och, sech mat hirer Gemeng auserneezenesetzen. An dat hëlleft och bei enger gelongener Integratioun.

Fir sécherzestellen, datt och all auslänneschen Awunner vun enger Gemeng weess, datt et d'Méiglechkeet gëtt, sech op d'Wallëschen anzedroen, hate mer an eiser Proposition de loi e bësse méi wäit gegräff a gesot, et misst een obligatoresch gefrot gi bei der Umeldung, fir sech anzeschreiwen. Dat huet d'Regierung net zréckbehalen. Bon, et ass dee kleng Bemoll un deem heiten Text par rapport zu eise Propositionen. Mee grad a kleng Gemenge kann et fir Persounen, déi Büroazäite schaffen, jo scho méi schwéier sinn, zu den Öffnungszäite vun der Gemeng kënne laanschtzegoen. An do wär et da méi einfach gewiescht, wann ee bei engem Besuch direkt zwou Demarchen hätt kënne maachen.

Dës Propos vun der obligatorescher Oplklärung, hunn ech scho gesot, gouf net zréckbehalen. An esou bleift et de Gemengen iwwerlooss, wéi vill si opkläre wëllen oder eeben och net. An déi eng wäerten einfach nëmmen e Flyer maachen a soen: „Mir hu jo awer informéiert“, an déi aner wäerte méi aktiv ginn.

Mir vertrauen hei natierlech drop, datt déi meescht Gemengen hiert Besch wäerte maachen, fir d'Leit ze erreechen. Mee mir fannen et eeben, wéi gesot, bedauerlech, datt ee sech hei engem weideren Outil beraubt huet.

Ville Leit gëtt haut nämlech ëmmer eréischt bewosst, datt Wale virun der Dier stinn – an dat huet och de Rapporteur gesot, merci nach fir den ausféierleche Rapport, souwuel mëndlech wéi och schrëftlech –, déi meescht Leit gi sech eréischt bewosst, datt Wale sinn an datt ee sech jo awer hätt missen aschreiwen, wann dann déi éischt Plakater opgehaange ginn, wann déi éischt Flyere verdeelt ginn, also wann, jo, wann et no deem aktuelle Gesetz ze spéit ass. An dat wäerte mer mat deem heite Gesetz änneren an ech hoffen, datt duerch d'Verschibe vun deenen Delaie sech och tatsächlech da méi Leit wäerten androe loossen.

Et muss een awer och do éierlech mat sech selwer sinn, datt jee nodeem, wéini déi eenzel Parteie wäerten ufänken mat hire Campagnen, et och dann nach vläicht ze spéit ka sinn. Bon, datt zum Walgesetz.

Da gëtt et awer nach en zweete Volet, an dat ass de Volet vun der ALIA. Bon, ech hätt ganz éierlech och léiwer gehat, mir hätten déi Saachen an zwee verschiddenen Texter behandelt, well dat hätt et awer méi einfach gemaach, fir och circonstanciéiert iwwert déi eenzel Saachen ze schwätzen, anstatt et hei zesummenzefassen. Och wann et iergendwou zesummegehiert – mee just, well et mat de Wale ze dinn huet –, heescht dat net, datt een et muss an een Text puchen. Et wär, mengen ech, gutt gewiescht, grad och, well d'ALIA selwer eng ganz Rëtsch Froen

opgeworf huet iwwert deen neie Rôle, dee se kritt, fir dat nach eng Kéier à part ze behandelen.

Mir fannen et grondsätzlech gutt, datt mer sou e „watchdog“ iwwert d'Campagne kréien. Mee wéi d'ALIA selwer an hirem Avis duergestallt huet, geet d'Beschreibung vun den Aufgabe vun der ALIA am neien Text net duer, fir dat eigentlech Zil ze erreechen, nämlech eng fair a gläich Representatioun vun de Parteien an de Medien ze garantéieren.

D'Limitatioun vun der Kontroll op Medien, déi d'Mission vun engem Service public ausféieren, ass extrem begrenzt. Hei fale vill Medien duerch de Raster, an dorënner och zum Beispill Lokalradioen a Gemengekanäl, wou am Walkampf ganz vill politesch Material gesent gëtt, an dat oft ënnert der alengeger Kontroll vun deene Parteien, déi an der Gemeng grad um Steuer setzen. Dat ass keng equitabel Situatioun.

An engem ganz limitéierte Beräich kann de virleien den Text d'Gläichbehandlung vun de Parteien am Walkampf zwar verbessern, mee iwwert dëse Beräich eraus bleift nach ganz vill onreguléiert Mediepresenz iwwreg.

Mir Piraten denken duerfir, datt et dréngend noutwendeg wier, an Zesummenaarbecht mat Politik a Mediawissenschaft, esou wéi dat no all Wal souwiso gemaach gëtt, déi kommend Walkampf vun de Gemengen an Nationalwale vun Experten evaluéieren ze loossen. Esou kéint een eng Basis schafe fir ze erkennen, wéi eng Medie vun de Parteien am Walkampf wéi genotzt ginn a wou et nach Ongläicheete gëtt, Ongläicheeten, déi eng gesetzlech Regulatioun, a soumat eng Upassung vum Gesetz, néideg géife maachen.

Wéi schonns ugekënnegt wäerten d'Lucunnen um Niveau vun der Iwwerwaachung vun de Medien am Walkampf eis haut awer net dovunner ofhalen, dësen Text matzestëmmen. Mir sinn der Meinung, datt een op alle Fall an Zukunft nach eemol op dëse Punkt zréck sollt kommen, wann een déi Evaluatiounen bis gemaach huet. Mee en attendant wëlle mer den Upassung vum Walrecht fir Auslänner op Gemengenniveau an dem Ausbau vum Dateschutz net am Wee stoen. Ëmmerhin hu mer dat selwer hei virgeschloen.

Ech ginn heimadder also den Accord vun de Piraten an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement. A leschten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Aehm. Madamm Aehm, Dir hutt d'Wuert.

*(Brouhaha et interruptions diverses)*

Bon, Madamm Aehm, loosst Iech net stéieren.

**Mme Diane Aehm** (CSV) | Ech géif vläicht dann emol ufänken, wann Der douewe fäerdeg wäert mat Äre Privatgesprécher.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Den Här Bettel liest nach d'Zeitung, kee Problem.

**Mme Diane Aehm** (CSV) | A, den Här Bettel liest och schonn d'Zeitung vun haut, tipptopp!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | ... ganz kloer fir d'Assemblée consultative.

**Mme Diane Aehm** (CSV) | Voilà! Här President ... Här Di Bartolomeo, ech schwätzen hei als Member vun enger Fraktioun an net als Member vun enger Assemblée consultative, wat domadder och emol gekläert wier. Voilà!

*(Brouhaha et interruptions)*

Nodeems mäi Fraktiounskolleeg Gilles Roth schonn iwwert den Deel vum Walgesetz geschwat huet, ...

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Madamm Aehm huet d'Wuert a soss keen!

**Mme Diane Aehm** (CSV) | ... wéilt ech méi spezifesch op de Volet vun der Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel agoen. An net op d'Assemblée consultative dovunner, fir et kloerzestellen!

Wéi de Rapporteur Guy Arendt et gesot huet, gëtt mat dësem Gesetzesprojet d'Mission vun der ALIA erweidert. Si soll éischters an Zukunft d'Walcampagne an de Medien organiséieren. Dëst heescht, dass d'ALIA soll sougenannt „principes directeurs“ ausschaffen, wat d'Produktioun, d'Programmation an d'Diffusion vu Walmessagë während der Walcampagne ugeet. Dës Principes directeurs zielen och fir d'Programmer betreffend d'Walcampagne an den audiovisuellen a sonore Medien, wa si eng Mission de service public hunn. An dës Principes directeurs sollen, wéi scho gesot, zesumme mat de concernéierten Acteuren ausgeschafft ginn.

Zweetens, ausserhalb vun der Walcampagne sollen och Principes directeurs nom selwechte Prinzipp ausgeschafft gi fir politesch Informationsprogrammer. Heiranner geet et haaptsächlech drëm, fir der Tribune libre e legale Kader ze ginn. An drëttens soll d'ALIA dës Principes directeurs grad wéi e Rapport iwwer all Walcampagne verëffentlechen.

Als CSV bedauere mir, dass dëse wichtige Punkt iwwert d'Missionne vun der ALIA e bëssen iwwert d'Hannerdier an e Gesetzesprojet iwwert d'Walrecht vun Netlëtzebuerger ageschriwwen gëtt an dass dat net direkt geschitt am urspringleche Projet de loi, mee et geschitt iwwert de Wee vun Amendements gouvernementaux. A mir fannen dat, fir et riicht eraus ze soen, äusserst speziell!

Mir hunn als CSV scho méi laang gefrot, fir der ALIA en eegestänneg Gesetz ze ginn an en dësem Kader och hir Missionne ze definéieren. Bis elo ass d'ALIA nämlech nach ëmmer e Bestanddeel vum modifizéierte Gesetz iwwert d'elektronesch Medie vum 27. Juli 1991.

Ech erënnere drun, dass d'CSV beim Vott vum Gesetz vum 26. Februar 2021 genee dëse Punkt schonn iwwer eng Motioun gefrot hat. Ech brauch jo wuel net heibannen ze soen, wat mat dëser Motioun geschitt ass. Ech mengen, 31:29 als Stéchwuert geet duer.

D'ALIA hat iwwregens deemools an hirem Avis zu deem Projet de loi dat selwecht gefrot gehat. Geschitt ass näischt. Dass et awer méiglech ass, fir et ze maachen, dat hu mer haut de Mëtteg gesinn. Schliisslech hu mer et de Mëtteg als Chamber fäerdegbruecht, fir den 100,7 aus dem Gesetz iwwert d'elektronesch Medien erauszehuelen an em en eegestänneg Gesetz ze ginn. Firwat geet dat net mat der ALIA?

**Une voix** | Très bien!

**Mme Diane Aehm** (CSV) | Zum Gesetzesprojet, iwwert dee mir haut diskutéieren, huet d'ALIA sech selwer zimmlech kritisches geäussert. Si schreift selwer, dass si mat dësem Gesetzesprojet net déi néideg finanziell a personell Moyene kritt, fir hir nei Missionne korrekt ze erfëllen. Och wann hir Effektiver effektiv eropgesat gi sinn ëm véier Emplois temps plein, geet dat net duer. Well mir kruten nämlech an der zoustänneger Chamberskommission gesot, dass ee vun deene Poste bäikomm ass fir d'Iwwerwaachung vun der Walcampagne.

Ausserdeem seet d'ALIA, dass si mat dësem Text just eng administrativ Fonctioun kritt, déi doraus besteet,

d'Zäit op der Antenn ze moossen. An hiren Ae kéint eng effikass Regulatioun vun der Presenz vun de politesche Parteien a Kandidaten esou net garantéiert ginn. Wat d'Tribune libre ausserhalb vun der Walcampagne ugeet, fénnt d'ALIA och, dass de Gesetzesprojet net prezis genuch wier.

A si fénnt, dass onbedéngt eng Diskussioun noutwendeg ass, fir d'Presenz vun de politesche Parteien iwwert d'ganz Joer an a sämtleche Medien ze kucken. Am Ausland geet dës Kontroll nämlech vill méi wäit. Wa mir zum Beispill bei eise franséischen Nopere kucken, do mécht d'Autorité de régulation de la communication audiovisuelle et numérique all Mount e Rapport un d'Présidente vun der Assemblée nationale an dem Sénat iwwert d'Riedezäite vun de verschiddene Politiker op der Televisioun an um Radio. Dëse Rapport geet iwwerengs och un d'politesch Parteien.

Ausserdeem consideréiert déi franséisch Autoritéit d'Resultater vun de leschte Wale vun den einzelne Parteien, wa si d'Riedezäiten iwwerwaacht.

Während der Walcampagne soll laut der ALIA och just d'Presenz vun de Kandidaten an de Medie gekuckt ginn, déi e Service public assuréiere sollen. Déi aner Medien an och d'sozial Medie gi guer net consideréiert. A schlussendlech bemängelt d'ALIA, dass d'Dauer vun der Walcampagne net reguléiert gëtt.

E weidere Punkt, un deem d'ALIA sech stéisst, ass de Fait, dass d'Principes directeurs solle mat de verschiddenen Acteuren zesummen ausgeschafft ginn. D'ALIA ass der Meinung, dass et besser wier, si kéint dës aleng fixéieren, well déi verschidden Acteure riskéieren, énnerschiedlech Meinungen ze hunn, an dowéinst wier et schwéier, e gemeinsamen Accord ze fannen. A si huet och nach gesot, dass déi Notion vu „principes directeurs“ net prezis genuch wier an dass si léiwer „lignes directrices“ oder carrement e Reglement hätt.

Och d'Chambre des Fonctionnaires weist drop hin, dass an dësem Zesummenhang net genuch iwwert d'Sprooch geschwat ginn ass, an deene politesch Messagë kënnen eriwuerbruecht ginn. An och d'Chambre des Fonctionnaires huet Problemer domadder, dass just Medien, déi e Service public assuréieren, betraff sinn an all déi aner Medien net.

Här President, et si sëllege Punkten, déi et derwäert gewiescht wieren, fir sech intensiv domadder an der Mediekommissioun auserneezen. Als CSV bedauere mir, dass d'Regierung net bereet war, mat eis op dëse Wee ze goen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Adehm.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Här President.

**M. Fernand Etgen, Président** | D'Regierung huet d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Här President!

**M. Fernand Etgen, Président** | Jo?

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Här President, just eng Bemierkung: Ech hunn zur Kenntnis geholl, dass d'Madamm Adehm selbstverständlech als Deputéiert geschwat huet, mee eis awer nëmme gesot huet, wat d'ALIA denkt!

(Hilarité)

**Mme Diane Adehm (CSV)** | Wat ass dann ...

**M. Sven Clement (Piraten)** | ... déi Insinuatioun, Här Di Bartolomeo?

**Mme Diane Adehm (CSV)** | ... wann ech daërf, Här President, vu dass et Fait personnel ass, ...

**M. Fernand Etgen, Président** | D'Madamm Adehm daërf drop reagéieren.

**Mme Diane Adehm (CSV)** | ... géif ech dem Här Di Bartolomeo gären äntweren: Wann en heibanne gewiescht wier, wéi mäi Fraktiounskolleg Gilles Roth geschwat huet, dann hätt en héieren, wéi den Här Roth gesot huet, dass ech als Member vun der Mediekommissioun hei géif exklusiv iwwert d'ALIA schwätzen an dass hien déi aner Voleten ofgedeckt huet.

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État** | Dat huet näischt domadder ...

**Une voix** | So what?

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État** | Also ech wëll mech net hei tëschent deenen zwou Parteien ...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | So what?

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État** | Hei ass just de Fait, dass tatsächlech ...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Ce qu'il fallait démontrer! Merci!

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État** | Nee, wat tatsächlech de Fall ass: D'Madamm Adehm ass jo och Member vun där Assemblée a si huet schonn e puermol zu der ALIA geschwat an et ass just wichteg, éier een d'Wuert hei ergräift, dass een och seet, wann ee Member vun enger Assemblée consultative ass oder vun engem Komitee ass, wou een e Lien huet, dass een et just seet en toute transparence. Dat ass jo d'Fro, mengen ech, déi hei dann domadder och gekläert ass.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Här Premierminister, dofir hunn ech et gesot.

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État** | Voilà!

**Mme Diane Adehm (CSV)** | Dat hunn ech awer kloer gesot!

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech mengen, dat war awer kloer scho virdrun. An elo huet de Premier- a Medieminister Xavier Bettel d'Wuert.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Här President, et ass formell och esou deklaréiert.

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État** | Mee mir hate schonn e puer Debate virdrun iwwert d'ALIA, wou et nach net de Fall war, ...

**M. Gilles Roth (CSV)** | Jo.

**M. Fernand Etgen, Président** | Absolutt, ech mengen, do hutt Der ...

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État** | ... duerfir ass et gutt, dass et haut da kloer och gesot ginn ass.

### **Prises de position du Gouvernement**

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt erlaabt mer, dem Här Rapporteur Guy Arendt e Merci ze soe fir dëse Punkt. Ech weess, en huet zwou verschidde Facetten, an erlaabt mer och, dass duerno d'Madamm Cahen kuerz d'Wuert wäert ergräifen, well d'Madamm Cahen och zoustänneg ass eebe fir d'Integratioun an eeben och déi ganz Campagnen, fir Netlëtzebuerger op d'Lëschen ze kréien, fir do weider en Effort ze maachen.

An ech muss Iech soen, dass mer säit 2011, wann ee vergläicht, wou mer bei 10 %, 11 % waren, haut eis scho verduebelt hunn a bei 22 % leien. Et ass net super, mee et ass scho besser.

Et sinn eng Rëtsch Froe gestallt ginn: Firwat gëtt dat net automatesch gemaach? Dir musst wëssen, deen, deen umelle kënn, mellt meeschtens seng ganz Famill un. Mee et ass delikate, dass een eng ganz Famill umellt an dass en der ganzer Famill och automatesch dann den Droit de vote, deen duerno hei jo och nach obligatoire ass, am Fong imposéiert, ouni dass déi aner selwer och consultéiert gi sinn. Duerfir, et gi ganz vill gutt Iddien, mee duerno d'Applikatioun, wéi dat och leeft, ass méi komplizéiert.

Den Delai op där enger Säit ass wichteg, well tatsächlech, 55 Deeg, et kann ee soen: Ass dat ze laang? Net laang genuch? An elo, wou et erofgeet ... Mir wëssen awer, wat ee méi no bei de Walkampf kënn, wat d'Leit och méi domadder befaasst ginn, well se Iech alleguerten – oder eis alleguerten – an d'Parteien alleguerten och gesinn, well mer Saachen organiséieren, well mer Infoscampagnë maachen. An dann, meeschtens wann d'Infoscampagne leeft, kréie se gesot: „Et ass awer schonn ze spët, fir sech anzeschreiwen.“ An dowéinst ass et wichteg, dass et esou spët wéi méiglech ass, well mir si jo an der Effervescence dobannen, mee eng Rëtsch vu Leit kommen op Lëtzebuerg a wëssen nach net onbedéngt, dass se och kënnen hei welen.

An ech mengen, et ass eng Stärkt vu Lëtzebuerg, dass mer op deem Niveau, wou mer och déi gréisst Presenz vun ... (veuillez lire: déi gréisst Presenz vun Netlëtzebuerger hunn) – ech war selwer Buergermeeschter hei vun dëser Hauptstadt, wou 70 % vun den Awunner Netlëtzebuerger sinn –, dass mer do och eng Participatioun hunn, déi ëmmer méi eropgeet, an dass net duerno awer e Schafferot do ass, och wann een dann nach d'Lëtzebuerger kuckt, déi net wéi geife goen, dee gewielt ginn ass vun 20 % a 25 % vun engem Potentiel electoral, deen do wier. Duerfir mengen ech, dass et och wichteg an am Intérêt vun eis alleguerten ass, dass mer do och weider déi Effort maachen.

Dann, wéi gesot, zu deem Delai vu fénnef Joer. Jo, hei gëtt gesot: „Deen Delai, firwat fält deen Delai ewech?“ Ech muss Iech soen, hei ass et jo och nees eng Facultéit! Hei ass et eng Facultéit, hei gëtt jo kee gezwongen, fir welen ze goen. An Dir hutt Leit, déi awer ganz interesséiert sinn an déi dann Expats sinn an op Lëtzebuerg kommen an déi dann, wa se elo grad am Juni d'nächst Joer geife kommen, déi da souwiso och nach déi sechs Joer misste waarden, fir kënnen ze welen! Mee wa Walen awer éischter do wieren, firwat soll een dann de Leit soen: „Nee, dann hat Der eebe Pech!“ Oder ech huelen dann d'Beispill vu Leit, déi elo viru véier an en hallef Joer hei gewiescht wieren, déi kréie gesot: „Nee, Dir wunnt nach net fénnef Joer hei.“ Duerfir ass deen Delai ze laang.

Fir verschidde Leit ass fénnef Joer, fir sech ganz ze integréieren, vläicht ze laang. Mee et si Leit, no zwee Deeg fillen déi sech hei wuel an déi fille sech och an hirem neien Doheim! A fir d'Leit fir Politik ze interesséieren, muss ech Iech soen: Et ass selbstverständlech wichteg, dass mer bei den Netlëtzebuerger d'Campagnë maachen. Mee mir müssen och kucken, dass d'Lëtzebuerger ..., well mir gesinn awer och, dass ëmmer méi Leit net wéi ginn, soudass et och wichteg ass, dass do d'Adhesioun zu der Politik och weider bleift.

Dann, Här President, d'Madamm Cahen wäert dann op déi dote Punkten agoe vun deene Campagnen, „Je peux voter“ et cetera et cetera, déi och vun hir gemaach gi sinn.

Iwwert de Volet ALIA: Ech mengen, hei sinn ech an engem falsche Film, Här President! Ech wëll just drun erënneren, dass ... Hei gëtt gemaach, wéi wann dat



nach ni de Fall gewiescht wier virdrun. Ech wëll och just drun erënneren, dass et 1991 eng Commission indépendante de la radiodiffusion ginn ass. Dat heescht, d'ALIA gëtt et elo säit dem Text 2013, mee 1991 ass et schonn esou eng Kommissioun ginn.

Mee mir haten de SIP! Erënnert Iech alleguer: Souguer bei den Tribunes libres, déi Der hale gaange sidd, souz ee vum SIP niewendrun, Iech nozelauschteren – nozelauschteren! –, wat Der gesot huet. Do war e Beamte vum Staat, deen niewent Iech souz fir ze kucken, ob dat, wat Der gesot hutt, an der Rei war. Dat huet kee gestéiert hei op der rietser Säit – keen, keen! –, dass deen do stoung. An elo gëtt gefrot am Fong, dass ee mat der Stoppauer ...

*(Interruption par Mme Octavie Modert)*

Madamm Modert, ech lauschteren Iech gären no. Wat wollt Der elo nees?

*(Hilarité, interruption par Mme Octavie Modert et brouhaha)*

De Fait ass just, de Fait ass just: Elo ginn ech gefrot, fir dass am Fong bal ee vun der ALIA mat der Stoppauer soll um Platto nieft dem Caroline Mart da sëtzen a soen: „Nee, Madamm Mart, Dir gitt deem d'Wuert net méi!“ A wat sinn dann d'Remarken, déi ech kréien?! RTL selwer – kommt, ech zitëiere se –, wa se hir Table ronde organiséieren, wäerte jo där Sandauerer hunn, esou wéi Dir hei dee grénge Bändchen do hutt, wou jo d'Minuten ofginn. An am Moment war jo och en Autocontrôle, wou all Partei am Fong gekuckt huet, wéi oft déi aner dra sinn. Ech krut haut schonn eng Bemierkung gemaach, dass de Sven Clement méi grouss am „Tageblatt“ wier wéi all déi aner Fraktiounen heibanen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | O nee!

*(Brouhaha)*

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Dir gesitt, Dir hutt jo schonn en Autocontrôle ënnert Iech.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Et ass och net ze verstoen! Et ass och net ze verstoen.

*(Interruptions)*

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Ënnert Iech hutt Dir jo schonn ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Fréier wier d'LSAP méi grouss dra gewiescht.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Ënnert Iech hutt Dir jo scho bal en Autocontrôle, en Autocontrôle, wou een deen anere kontrolléiert.

An ech muss Iech soen, ech sinn awer perséinlech net derfir, dass op engem Platto op der Tëlee e Beamten oder ee vun der ALIA do sëtzt mat der Stoppauer, wann et awer d'Missioun selwer vun enger Press ass, fir dann déi Sandauerer ze hunn. Dat gesitt Der jo och am Ausland, dass et do eng Autoregulatioun gëtt. An dass do dann am Fong e Commissaire du Gouvernement oder e Verrieder vun der ALIA géif soen: „Madamm Mart, nee, deen dote kritt d'Wuert net méi!“ – ech wëll net d'Reaktiounen vun Iech héieren op engem Debat, wann da gesot gëtt, dass de Staat iwwerhaupt do näischt ze soen huet an dass d'Madamm Mart do hir Aarbecht sollt maachen!

Virdrun huet ee vum SIP – ee vum SIP – gekuckt, dass dat eenegermoossen opgeet, andeem mer all zesumme gekuckt gi sinn. An deen hat all fënnf Joer, kréien ech gesot, während zwee Méint Aarbecht. An elo kréien ech gesot, dass een, deen hei dofir dediéiert ass bei der ALIA, net géif duergoen an dass mer misste bal e Service, wann ech deem engen oder deem aneren hei nolauschteren, kréieren, fir do kënnen op d'Walcampagnen opzepasst.

Dowéinst, ech mengen, et ass wichteg, dass mer hei – an ech verschléisse mech net, ech verschléisse mech net! – solle Verbesserung maachen. Mir sinn d'nächst Joer an engem Superwaljoer. Ech wëll Iech just drun erënneren, dass an engem Joer Gemeengewale sinn. E puer Méint drop sinn d'Chamberswale. Wa mir der Meenung sinn, dass et besser ass, mir sollen elo nach alles beim SIP, bei der ALIA an iwwerall änneren ..., wier och e Feeler gewiescht, mir haten och Zäit verluer ...

An d'CSV, déi elo op eng Kéier seet ... Sauf erreur de ma part, krut ech matgedeelt, dass Är Ännerungen een Dag virun Nationalfeierdag komm sinn, wou Dir gesot hutt, et misst getrennt ginn. Den 22. Juni, kréien ech hei bestätegt vu menge Servicer. An op eng Kéier, den 22. Juni, muss alles geännert ginn! An da riskéiere mer wierklech, dass mer och nach Zäit verléieren, fir en Text ...

*(Interruption par M. Gilles Roth)*

Ech soen Iech just, wat ech vu menge Servicer matgedeelt kréien, Här Roth.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Medieminister, d'Madamm Adehm wëll Iech eng Fro stellen.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Hei nee, loosst mech wannechgelift just fäerdeg schwätzen an da kënnen si souwisou och schwätzen.

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Jo, ganz sécher!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Den 22. Juni ass d'Demande och komm vun der CSV. An dowéinst, Här President, ech mengen, dass mer hei net sollen dat eent mat deem aneren ...

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Huet keen eng Valium heibannen?

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | ... dass mer dat eent net solle mat deem anere vermischen. Fir mech ass et wichteg, dass mer hei Kloverheet hunn, dass mer ee Joer virun de Walen elo dat doten zou hunn. A gleeft mer et, wann ech d'Chance hunn, no deenen nächste Walen nach eng Kéier hei virun Iech ze stoen, wäerte mer och selbstverständlech déi Mesuren zesummen – sans presser, sans presser an nodeems mer och large Consultatiounen konnte maachen – kënnen decidéieren. Mee mir sollten elo net an der Hetz en Text änneren, wou et bis elo och gutt gaangen ass.

An ech mengen, dass mer bis elo och nach keng Problemer haten, dass deen een oder deen anere bewisen huet oder d'Gefill hat, dass e méi schlecht behandelt ginn ass wéi déi aner. An ech géif et traureg fannen, wa mer op deen Niveau géife kommen, wou eng Plainte no där anerer géif kommen oder Reklamatiounen géife kommen, wou ee géif mengen, dass d'Medien zu Lëtzebuerg parteilech wäeren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Medieminister. D'Madamm Adehm wollt Iech eng Fro stellen.

**Mme Diane Adehm** (CSV) | Jo, ech wëlt just preziséieren, dass dat net op eiser Mëscht gewuess ass, dass d'ALIA gären ..., dass si gesot huet, si hätt net genuch Leit. D'ALIA huet dat selwer an der Kommissioun gesot, dass si net genuch Leit hätt, fir dat doten ze maachen.

An den zweete Punkt ass: Här Bettel, Dir hutt jo „großes Kino“ elo hei vir opgefouert, dat muss een Iech schonn héich urrechnen. D'CSV huet awer ni verlangt, ni, mat kengem Wuert, dass ee muss um Platto stoe mat enger Stoppauer, fir dat ze moossen! Mir hunn drop verwisen, wéi et a Frankräich gehandhaabt gëtt,

dass do e Rapport gemaach gëtt, deen all Mount un de President vun der Assemblée nationale, de President vum Sénat an un d'politesch Partei geet, an dass dorausser ervirgeet, wie wéi laang geschwat huet, wéi eng politesch Partei wéi laang geschwat huet. Mir hunn awer zu kengem Moment gefuerdert, dass d'ALIA ee muss bei d'Madamm Mart op de Platto schécken. Verdréit eis wannechgelift net d'Wierder am Mond!

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Adehm, fir déi Kloeerstellung. Da freet den Här Gilles Roth d'Wuert.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, ech schléissen do e bëssen un. Den Här Bettel seet, dat wier vu senge Servicer. De Punkt ass deen, Här Bettel, dass am Ufank, wéi de Gesetzesprojet deposéiert gouf – iwwregens an der Sommervakanz d'lescht Joer – deen Artikel iwwert d'ALIA guer net dra war.

**Une voix** | Jo.

**M. Gilles Roth** (CSV) | An dass mir de Vote séparé gefrot hunn, wou Är Servicer soen, dat wier den 22. Juni gewiescht, dat war doropshin, wou Dir als Regierung den Amendement zu dësem Gesetz eran..., ech soen „zimmlech eragedréckt“ hutt. An dunn hu mir gefrot, dass deen Amendement sollt an där zoustänneger Mediekommissioun gekuckt ginn, an dat onofhängeg a „roueg“, wéi Der ëmmer sot.

„Roueg“ hätt dat kënnen do geholl ginn, an net an der Hetz hei als Cavalier vun dësem Text. Well deen Artikel iwwert d'ALIA huet mat dem Walgesetz strictelement näischt ze dinn!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth. Dann huet den Här Kartheiser nach d'Wuert gefrot.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, e ganz kuerze Kommentar. Merci, Här President. Ech wollt dem Här Staatsminister just op dee Kommentar äntweren, datt mer näischt gesot hätten, well e Beamten do zum Beispill d'Zäit miesst am Walkampf oder bei enger fräier Tribün. Dat huet mam Vertrauen an d'Fonction publique ze dinn, Här Staatsminister.

*(Interruption)*

Well Dir wësst, datt de Beamten an der Ausfëllung vu sengem Dénsgscht politesch neutral muss sinn. A mir hunn ëmmer Vertrauen an dee Prinzip geat. An ech muss soen: Mir sinn och ni enttäuscht ginn. Also dofir hu mer och net dogéint protestéiert. Ech mengen, dat huet gutt fonctionéiert. D'Fonction publique an d'Neutralitéit, dat ass respektéiert ginn an dofir war och kee Problem mat deem System.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Da géif ech elo d'Wuert zréckginn un den Här Staatsa-Medieminister.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, fir d'éischt, déi éischt Saach ass: D'ALIA seet mer och selbstverständlech dat, wat d'Madamm Adehm hei seet, dass se méi Leit brauch. All d'Servicer, meeschtens, wann ech se gesinn, soe mer, dass se méi Leit brauchen. An déi Kolleegen, déi och an der Verantwortung waren, wësse ganz genau, dass et normal ass, wann e Service bei säi Minister geet, dass en da seet, dass en och méi Leit brauch. Do mussen och Choix getraff ginn. An ech hunn hei, nodeems wierklech d'Analys gemaach ginn ass, och iwwert d'Situatioun, déi ass, nodeems d'ALIA staark ënnerstëtzt ginn ass, och am Personal ... An ech mengen, dat hutt Der och gesot, an dat wëll ech och

bemierken. Mee dat heescht, si hu mer dat och gesot. Et ass net, dass ech soen, dat wier elo op eng Kéier bei Iech aus der Loft gegraff ginn.

An déi zweet Saach ass: Sauf erreur de ma part, Här Roth, hutt Der awer sechs Méint gebraucht, nodeem d'Amendementers deposéiert waren. Il faut quand même peut-être le signaler. Esou rapid war et och net!

*(Interruptions)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Staats- a Medieminister fir déi Prezisiounen. Den Här Roth wëll nach ..., oder wëll net méi?

**Une voix** | E wëllt ëmmer.

*(Interruptions diverses)*

**M. Fernand Etgen**, Président | E weess et net. Soss ginn ech ...

*(Interruptions)*

**M. Gilles Roth** (CSV) | Majo, et ass jo emol en Avis vum Conseil d'État komm. An ech mengen, et muss jo awer d'Recht si vun engem Parlament, fir driwwer ze decidéieren, dass en Artikel, dee strictement näischt mat engem Gesetz ze dinn huet, dass deen an där zoustänneger Fachkommissioun gekuckt muss ginn.

*(Interruption)*

Et geet net méi wéi dorëms. An Dir sot: „Dat soll een a Rou kucken“, an ech weess net wat, wann Der nach eng Kéier Staatsminister sidd, da sollt een dat a Rou kucken ... Ma firwat muss et dann elo an der Hetzt gekuckt ginn?!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Ech soe just, hei gëtt jo gesot, wéi wann d'Regierung den Amendement eraginn hätt an direkt de Vott gefrot hätt. Et ware sechs Méint dertëscht. Kommt, mir bleiwe bei der Wourecht, wann dat jo dat ass, wat ëmmer gefrot gëtt!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo d'Madamm Familljeministescht Corinne Cahen.

**Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Jo, villmools merci, Här President. E grouse Merci och un de Premier- a Medieminister, dass ech nach kuerz hei därf d'Wuert ergräifen. Ech sinn nämlech der Meenung, dass haut e ganz, ganz groussen a wichtigen Dag ass fir d'Demokratie zu Lëtzebuerg. Well mat deem heite Gesetz wäerte mer vill méi demokratesch ginn, well jiddereen, deen an enger Gemeng wunnt, an Zukunft och ka matbestëmmen, wéi d'Politik an also och säi Liewen an Zukunft an där Gemeng wäert ausgesinn.

Ech héieren hei, dass verschidde Leit mengen, et géif net jidderee sech fir Politik interesséieren. Dat ass richtig. Ech mengen, weeder d'Lëtzebuurger nach d'Ausländer interesséiere sech alleguer fir Politik. Mee wann ee sech fir Politik interesséiert, dann interesséiert ee sech automatesch och fir alles, wat d'Politik decidéiert, wat e Gemengerot, e Schäfferot decidéiert.

An ech mengen, dat ass dat, wat mer de Leit elo musse vermëttelen: dass si matdecidéieren, wéi hiert Liewe gestalt gëtt, wéi hir Gemeng soll ausgesinn, wéi d'Schoul organiséiert soll sinn, wéi d'Maison-relais organiséiert solle sinn, wéini d'Poubellë kommen. Ech kéint do d'Lëscht ad aeternam weider opzielen. An ech mengen, dat ass dat, wat mer elo de Leit musse vermëttelen.

Mir hunn 2011 bei de Gemengewale ronn 11 % vun den Ausländer gehat, déi mat wile gaange sinn. 2017 hu mer dat verduebelt op 22 %. Mee dat geet ons net duer. An ech mengen, de Fait, hei ze héieren, dass eng ganz breet Majoritéit dat Gesetz vum Medieminister hei wäert stëmmen, weist, dass mer en demokratescht Land sinn, deem d'Demokratie an de Gemengen extreem wichteg ass, an de Gemengen, déi jo wierklech no bei de Leit sinn, wou d'Leit liewen, wou se sech umelle ginn, wou se sech renseignéiere ginn.

Et ass net fir näischt, dass mer als Familljeministère zesumme mam Syvicol am ganze Land „Pakte vum Zesummeliwen“ ënnerschreien. Mir hätt gären, dass d'Leit Acteur si vun hirer Integratioun an net nëmme Konsumente vun iergendepes, wat mir hinne vun uewen erof proposéieren.

Dofir soen ech och dem Syvicolspresident nach eng Kéier villmools Merci, an dem ganze Syvicol, fir deen Engagement, deen Der do geholl hutt, fir d'Gemengen op dee Wee ze bréngen, d'Leit ze encouragéieren, hiren eegenen Acteur vun der Integratioun ze sinn, vum Zesummeliwen, a fir ze kucken, dass d'Leit engagéiert sinn, dass se sech och engagéiert fillen, dass se sech bedeelegt fillen. An dat Gesetz hei wäert se nach eng Kéier hei vill méi bedeelegen, fir kënnen matzemaachen a sech och vollwäerteg an hirer Gemeng ze integréieren, zesummenzeliewen a matzemaachen.

Dofir géif ech och gäre soen, dass de Familljeministère ganz kloer, ganz aktiv Campagnë mécht. „jepeuxvoter.lu“ – Dir kommt op dee Site mat fënnf Sproochen: Dir kënnt och „echkawielen.lu“ aginn, oder „eupossosvotar.lu“ aginn oder „icanvote.lu“, Dir kommt ëmmer op deen nämmelechte Site. Do geet et drëms, eng Campagne ze maachen net nëmme dofir, dass ee ka wile goen, mee och, wéi ee wielt! Och dat ass de Mëtten hei gesot ginn.

Hei zu Lëtzebuerg hu mer e Walsystem, deen anescht ass wéi op anere Plazen. Op anere Plaze kann een heiansdo eng Partei ukräizen an dann awer och nach déi Persoun, déi engem am beschte gefält an där Partei – da sinn hei zu Lëtzebuerg d'Stëmmziedelen ongültig!

Dofir ass et, mengen ech, immens wichteg, dass och d'Parteien an de Familljeministère an den Integratiounsministère, de Staat am Allgemengen, eng Informatiounscampagne maachen, fir de Leit och ze soen: „Gitt wilen! Gitt Iech aschreiwen! Ab haut, gitt Iech aschreiwen! Dir kënnt Iech all Dag op Äre Biergerzenter aschreiwe goen.“ An dann awer och ze soen, wéi hei zu Lëtzebuerg gewielt gëtt, wéi de Walsystem ass, fir dass d'Leit dann och richtig wilen, wa se sech deplacéieren a wile ginn, ech mengen, och dat ass ganz wichteg.

An dat wäerte mir natierlech als Familljen- an Integratiounsministère och massiv maachen, fir de Leit ze soen, wéi hei zu Lëtzebuerg gewielt gëtt, an natierlech se ze encouragéiere matzemaachen. Well wa se ageschriwwen sinn, dann interesséiere se sech och fir d'Politik a fir d'Liewen an hirer Gemeng. An ech mengen, dat berout op zwou Säiten: dass ee sech soll aschreiwen, och wann ee sech nach net direkt interesséiert, an dass, wann ee sech interesséiert, ee sech natierlech och soll aschreiwen, fir wilen ze goen. Esou geet Demokratie! Demokratie fonctionéiert nëmme, wa jidderee matmécht.

An ech si wierklech immens frou, haut hei derbäi kënnen ze sinn, wann de Medieminister säi Gesetz hei hoffentlech gestëmmt kritt – mat enger breeder Majoritéit –, fir dass mer d'Demokratie hei am Land nach méi héichhale kënnen. Ech mengen, dass et wierklech e ganz, ganz wichtigen Dag ass fir d'Demokratie hei zu Lëtzebuerg.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Familljeministescht Corinne Cahen. D'Diskusioun ass elo ofgeschloss.

Et ass vun der CSV-Fraktioun gefrot ginn, den Artikel 48 vum Chamberreglement geltend ze maachen an zwee Votes séparés ze maachen.

Et gëtt gefrot, fir e Vote séparé iwwert den Artikel 21 ze maachen. Mir mussen dann eenzel iwwert dësen Artikel ofstëmmen. Da stellen ech d'Fro: Wien d'accord ass mat dem Artikel 21 vum Projet de loi, dee soll mat Jo stëmmen.

**Vote séparé sur l'article 21 du projet de loi 7877**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 34 Jo-Stëmmen, 25 Nee-Stëmmen. Den Artikel 21 ass domadder ugehall.

*Ont voté oui :* MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch et Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Stéphanie Empain) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

*Ont voté non :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Max Hengel), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Jean Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Et gëtt gefrot, fir e Vote séparé iwwert den Artikel 22 ze maachen. Mir mussen dann eenzel iwwert dësen Artikel ofstëmmen. Da stellen ech och hei d'Fro: Wien d'accord ass mat dem Artikel 22 vum Projet de loi, dee soll mat Jo stëmmen.

**Vote séparé sur l'article 22 du projet de loi 7877**

Mir fänken un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 35 Jo-Stëmmen a 25 Nee-Stëmmen. Den Artikel 22 ass domadder ugehall.

*Ont voté oui :* MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Cécile Hemmen) et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;



Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Stéphanie Empain) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamte Projet de loi. Den Text steet am Document parlementaire 7877<sup>16</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7877 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7877 ass mat 56 Jo-Stëmmen bei 4 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Jean-Marie Halsdorf), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Max Hengel) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusti Graas), Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Cécile Hemmen) et M. Carlo Weber (par M. Yves Cruchten) ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Stéphanie Empain) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

**9. 8002 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 mai 2014 relative au financement du Réseau**

## national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois en vue du financement des travaux d'extension et de perfectionnement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois

Dee leschte Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëten ass de Projet de loi 8002 iwwert d'Finanzéierung vum RENITA. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert kritt elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Ech hunn déi grouss Eier, hei an haut als leschte Riedner opzetrieden. Dofir wëll ech et kuerz maachen, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | ... och wann et een net grad bëllege Projet ass.

Léif alleguer, fir eis ass haut viles selbstverständlech, dat am Fong, wéinstens aus der Perspektiv vun der eelerer Generatioun heibannen, nach zimmlech nei ass. Eis Smartphonon zum Beispill: Wann et schellt, dann hiewe mer op a schwätzen, oder mir kucken, wéi den Här Clement dohannen, op eisem Smartphone Texter oder Biller.

(Brouhaha)

Wien denkt do eigentlech nach un d'Entwécklungen an den Opwand, déi hannert dëser Technologie stiechen? Et gewinnt ee sech eeben un alles. Wann een net vun Zäit zu Zäit eng Antenn géif anzwousch gesinn, da géif ee wuel bal net gesinn, wat fir Ekipement an Infrastrukturen eis modern Kommunikatioun erméiglechen, vum Teletravail iwwert d'Telefonéieren, oder ënnerwee am Auto, fir Informatiounen nozesichen an esou weider.

Dach, et gëtt ee Moment, wou engem dann awer bewosst gëtt, datt eeben esou munches net selbstverständlech ass, nämlech dann, wann eis Technik eis ganz iwwerraschend am Stach léisst. Sou zum Beispill, wann den Handy op eemol de Geescht opgëtt, well d'Batterie eidel ass, e sech op onerklärlech Manéier ophängt oder d'Verbindung einfach fort ass. Normalerweis ass dat jo kee Problem. Dann hânt een eng Kéier an an et probéiert een nach eemol. Oder et waart een, bis een zum Beispill aus engem Tunnel oder aus iergendengem anere Funklach eraus ass, fir ze telefonéieren.

Et gëtt awer leider och Fäll, wou ee keng Zäit huet, fir ze waarden an dann eeben nach eng Kéier ze probéieren. Dat gëllt fir eis Sécherheets- a Rettungsdéngschter. Si mussen zu all Moment kommunikéiere kënnen. Zum Beispill, wann en Accident an engem Tunnel ass an déi éischt Secouriste bis op der Plaz sinn, da musse si a Kontakt mam 112 bleiwen, fir zum Beispill weider Hëllef unzefroen. Dowéinst benotze si keng normal Telefonen, wéi mir se kennen. Nee, si hunn eng separat Infrastruktur, déi vill méi performant an zuverlässeg ass. De Reseau muss iwwerall am Land kënnen fonctionéieren: an Tunnellen, a Gebaier, an déiwen Däller a souguer, wann eeben de Stroum ausfällt.

En éischten analoge System aus de 70er-Jore gouf 2014 duerch en neie System ofgeléist, de RENITA. Et ass de Funkresau, dee vun der Police, dem CGDIS, dem Haut-Commissariat à la protection nationale,

der Douane, de Ponts et chaussées, der Armée, dem Geheimdéngsch, de Prisongen, dem Centre de rétention, dem Kommunikationszentrum vun der Regierung an dem Service de la navigation fluviale benotzt gëtt.

Un dëse Funkresau ginn immens héich Ufuerderunge gericht a bis dato gëtt en och dësen Erausforderunge gerecht. Mee d'Technik oder d'Technologie entwéckelt sech weider, an d'Sécherheetslag och. Sou ass zum Beispill d'Gefor vu Cyberattacken aktuell daitlech méi héich.

De Reseau muss iwwerdeems innerhalb vun de Gebaier ausgebaut ginn. Doriwwer eraus wëll een och déi 4G- a 5G-Technologien an de System abannen. Dowéinst muss permanent um RENITA geschafft, jo, innovéiert ginn, fir en unzepassen an natierlech och d'Exploitatioun ze garantéieren.

Dat kascht vill Suen an dowéinst huet de Medien- a Kommunikationsminister Xavier Bettel de 5. Mee dëst Joer e Finanzéierungsgesetz hei an der Chamber deposéiert.

Als Erënnerung: Am éischte Gesetz vun 2014 zum RENITA ware 36,6 Milliounen Euro TTC, toutes taxes comprises, fir d'Realisatioun vum Reseau virgesinn, dat oui d'Exploitatiounskäschten. Dat lescht Finanzéierungsgesetz datéiert iwwregens aus dem Joer 2019. Ganz konkret ginn d'Maximalkäschte fir den Ausbau vum Reseau op zirka 40,5 Milliounen Euro gehéicht. D'Maximalkäschte fir d'Exploitatioun pro Mount ginn op 648.000 Euro (veuillez lire: 658.000 Euro) gehéicht, dat bis den 30. Juni 2030. All d'Montante si wuelgemierkt hei oui TVA. Fir d'Detailer verweisen ech, wéi ëmmer, op de schrëftleche Rapport.

D'Finanz- a Budgetkommissioun krut zwee Avisen erageschéckt, an zwar vum Staatsrot a vun der Chambre de Commerce, der Handelskummer.

Am Avis vum Staatsrot vum 14. Juni ass keng formell Opposition dran. De Staatsrot verweist op säin Avis zum leschte Finanzéierungsgesetz, an deem e schonn deemools fir e geneeën Ufanksdatum plädéiert hat, en hat sech fir deen ausgeschwat. Et ass awer evident, datt d'Fongen ab deem Dag, wou d'Gesetz a Kraaft trëtt, verfügbar, disponibel, sinn. Den Enddatum gouf awer schonn am Virus op den 30. Juni 2030 fixéiert.

Mir krute mat Verspéidung, den 11. Juli, den Avis vun der Handelskummer eran, deen op de 27. Juni datéiert ass. De 27. Juni, zu eiser Allgemengbildung, dat ass Siweschlëfderdag. Dowéinst ass dësen Avis net ...

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

An Äre Gebuertsdag! Nodréiglech meng Felicitatiounen a meng Gléckwësch!

(Hilarité)

Dowéinst ass dësen Avis net am schrëftleche Rapport. Ech wëll en awer hei opgräife fir ze soen, datt d'Handelskummer de Reseau ënnerstëtzt, well e wichteg fir de Fonctionnement vu grondleeënde staatleche Services ass. Si begréisst déi kuerz Finanzéierungsperiod. Dat erlaabt et, vursiichteg ze sinn an de Finanzement ëmmer erëm un déi neist technologesch Entwécklungen unzepassen. D'Detailer kann een an deene respektiven Avisen noliesen.

Da wëll ech awer nach de Beamte villmools Merci soen, déi eis dëse Projet virgestallt an erklärt hunn – si sinn och den Owend hei present, si sinn ënnert eis –, souwéi awer och de Mataarbechter aus der Chamber, wéi besonnesch hei d'Finanz- a Budgetkommissioun begrëissen. Merci do fir déi wäertvoll Aarbecht bei der Redaktioun vun dësem Projet an dem Rapport!



Voilà! Dat wier et gewiescht. D'DP-Fraktioun gëtt, wat wuel keng Iwwerraschung dierft sinn, hiren Accord zu dësem wichtege an deiere Gesetzesprojet. Merci fir Är gewinnnten Opmierksamkeet an da soen ech Iech ... wënschen ech Iech nach e schéinen Owend.

(Hilarité et brouhaha)

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soe villmools Merci dem Här Rapporteur André Bauler a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner. An dat ass den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci dem André Bauler, och fir de schéinen Owend. A fir dass deen awer soll méi laang kënnen si fir jiddwereen an dass mer muer de Moien um 8.00 Auer dann erëm hei kënnen sinn, ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech wëll just drun erënneren: Den initiale Projet vum RENITA, dat war nämlech déi éischte Kéier, wou de Conseil d'État d'Umierkung gemaach huet, dass, wann de Staat en Engagement huet, wat sech iwwer méi Jore prolongéiert, a wann doduerch de Montant vun de 40 Milliounen, deen an der Verfassung virgesinn ass, iwwerschritt gëtt, dass een da muss e Spezialgesetz maachen. Dat huet de Staatsrot 2011/2012 gemaach.

Wier dat bei der SuperDrecksKëscht applizéiert ginn, da wier haut deen Dossier, mengen ech, net do, wou en elo ass a wou en, mengen ech, richteg ass!

Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth. An da wier et um honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Ech ka mech och ganz kuerz faassen, nodeems ech dem Här Bauler villmools Merci gesot hu fir säi ganz guden an explizite Rapport. Ech wëll just vläicht soen: Et gouf gesot, et war en deiere Projet. Ech mengen, et geet em eis Sécherheet, an dann ass all Su, dee mer do investéieren, gutt investéiert. An ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. Ech ginn d'Wuert weider un den Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Ech wëll och dem Rapporteur vun onser Bänk villmools Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen an och mëndleche Rapport an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, och vun eiser Säit aus dem Här Bauler e schéinen Owend an e grouse Merci fir de Rapport. Et ass een Element, mengen ech, dat ganz wichteg ass niewent dem Präis, dat ass dat vun der Interoperabilitéit vun eise Sécherheitsdénkschter. Dat ass wierklech eppes, wat mer ëmmer kucken, datt dat klappt. Ech mengen, Dir hutt et och an Ärem Rapport ënnerstrach, Här Bauler. Dat gesot, ginn ech gär och den Accord vun der ADR.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, e grouse Merci un de Rapporteur, an d'Piraten ginn hiren Accord.

**Une voix** | Très bien!

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Staats- a Medie-minister Xavier Bettel.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | Ech soen dem Här Bauler Merci, d'Usagere soe Merci a virun allem d'Bierger, well et geet em hir Sécherheet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 8002. Den Text steet am Document parlementaire 8002<sup>2</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 8002 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu dem Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8002 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmege uegell.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Mars Di Bartolomeo), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber (par M. Dan Biancalana) ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Stéphanie Empain) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Moien um 8.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 19.45 heures.)

## 70<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

### Sommaire

- Ouverture de la séance publique ..... p. 50**  
M. Fernand Etgen, Président
- Débat suivant la déclaration gouvernementale sur l'avis complémentaire du groupe ad hoc d'experts sur l'instauration d'une obligation vaccinale contre la Covid-19 ..... p. 50**  
Débat : M. Claude Wiseler | M. Gilles Baum | M. Yves Cruchten (dépôt de la motion 1) | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Dan Kersch et M. Marc Goergen) | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement (interventions de M. François Bausch, Vice-Premier Ministre, et M. Dan Kersch)  
Prises de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre)

- Motion 1 : M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement | M. Claude Wiseler | M. Yves Cruchten | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Claude Wiseler
- Vote sur la motion 1 (adoptée)
- Débat d'orientation au sujet de la modernisation et des défis de notre système fiscal ..... p. 60**  
Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler | M. Gilles Roth (interventions de M. Mars Di Bartolomeo)  
Débat : M. Gilles Roth (interventions de M. Mars Di Bartolomeo) | M. André Bauler

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert et M. François Bausch, Vice-Premiers Ministres ; Mme Yuriko Backes, Ministre.



(La séance publique est ouverte à 8.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen, Président** | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?  
(Négation)

## 2. Débat suivant la déclaration gouvernementale sur l'avis complémentaire du groupe ad hoc d'experts sur l'instauration d'une obligation vaccinale contre la Covid-19

Esou wéi et scho gëschter no der Deklaratioun vun der Regierung zu dem Avis vun dem Expertegrupp iwwer eng méiglech obligatoresch Covidimpfung erwänt gouf, féiert d'Chamber de Moien eng Debatt, bei där all Fraktioun an all Sensibilitéit zéng Minuten zegutt huet. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler ageschriwwen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

### Débat

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Villmools merci, Här Präsident. Den Avis vun den Experten huet kloer gewisen, datt d'Covidkris nach net eriwwe ass, datt de Risk nach ëmmer do ass an datt d'Expektative fir September, zumindest wat d'Experten ugeet, déi sinn, datt mer eventuell virun enger neier Well kéinte stoen. Op wellechem Datum, mat wellecher Variant, mat wellecher Virulenz, wellecher Ustiechlechkeet, dat wësse mer an dësem Moment selbstverständlech net.

Déi Zuelen, déi mer haut kennen, soen datt selwecht, de Staatsminister huet et gëschter zitëiert: 1.200 Infektiounen den Dag. Dat ass eppes, muss ech soen, wat eis virun enger Rei Joren a virun enger Rei Méint jo weesentlech méi erschreckt huet, wéi et eis haut erschreckt, well d'Situatioun eng aner ass. An ech gi souguer dovun aus, datt déi Zuel nach weesentlech méi héich ass, well haut déi Obligatioun, sech ze melen, nodeem ee sech selwer getest huet, am Fong net méi do ass, soudatt am Fong déi Infektiounssituatioun warscheinlech nach méi grouss ass, wéi d'Zuelen eis et uweisen.

Mee déi d'Haaptzuel, op déi mer haut kucken, déi vun den Hospitalisatiounen – 29 am Service hospitalier normal, 0 op der Intensivstation –, déi ass déif an ass a sech berouegend. An dësem Moment besteet an eisen Aen dowéinst keng direkt Gefor fir de System.

D'Experte kommen an hirer Analys zur Konklusioun, datt d'Populatioun iwwer 50 Joer soll enger Impfflicht ënnerleien, well 30.000 Leit nach guer net geimpft sinn, 20.000 net komplett geimpft sinn. An dofir gëtt vun den Experte gesot, datt si gär déi Impfflicht hätten, well se soen, datt se gär géifen all Gefor aus dem Wee goen, well se wëlle sécher sinn.

Ech kann dat à la limite och vun engem Standpunkt vu wëssenschaftlechen a medezinneschen Experte verstoen, datt ee wëllt op Nummer sécher goen, mee ech soen op där anerer Säit, datt d'Politik och nach eng Rei aner Aspekter muss a Betracht zéien; Iwwerleeungen éischters juristescher Natur evidenterweis, awer och Iwwerleeungen iwwer d'reell Konsequenzen. Mir hunn et hei net nëmme mat eppes Theoreteschem ze dinn, mir hunn et och mat eppes ze dinn, wa mer et géife maachen – eng Impfflicht –, dat mer müssen an der Realitéit ëmsetzen, also och mat der Ëmsetzungsfaegkeet vun deenen Decisiounen, déi mer huelen.

Mir kommen zur Konklusioun als CSV-Fraktioun, datt d'Introductioun vun enger partieller Impfflicht haut net déi richteg Äntwert ass op déi Situatioun, déi mer hunn, déi selwecht Konklusioun en fin de compte wéi déi, déi d'Regierung gëschter gezunn huet, an dat aus e puer Grënn.

Éischters, well mer der Meenung sinn, datt eng Impfflicht eng massiv Aschränkung vum Droit à l'intégrité physique ass, esou wéi et am Artikel 3 vun den europäesche Grondrechter festgehalen ass. Dës Aschränkung vun dësem Recht, déi kann ee justificéieren, wann eng immediat an effektiv Gefor fir d'Gesellschaft do ass, souguer wann eng immediat Liewensgefor fir individuell Individuen oder fir aner Matbierger do ass. Or, hei befanne mer eis net an enger Situatioun vun immediater an effektiver Gefor, mee an enger Situatioun vun enger eventuell zukünftiger an hypotheetischer Gefor, an domat ass eng Impfflicht, déi mer haut géifen aféieren, an eisen Ae constitutionnell fragwürdeg.

A wann een den Avis vun den Experte liest an hiren Iwwerleeungen noheet, dann ass déi Konklusioun am Fong nach méi bestätegt, well vun deene siwen Hypothesen, deene siwen Zenarioen, déi si opzechen, ass just een Zenario, wou eng Impfflicht hinnen no Sënn mécht. Dat war dat éischt Argument, e juristescht Argument.

Dat zweet Argument ass an eisen Aen dat medezinescht Argument, datt mer elo nach net wëssen, wann eng Variant am September, Oktober, an der Rentrée géif kommen, wellech Variant dat ass an haaptsächlech, ob déi haiteg Impfung, déi mer hunn, och op déi Variant uspréngt an iergendwellechen Effekt huet. Dat heescht, mir wëssen net, ob mer eng Impfflicht brauchen. Mir wëssen haut och net, ob eng Impfflicht mat deenen Impfungen, déi mer haut géife maachen, effizient géint eng nei Variant wär.

An eist drëtt Argument, dat ass en Argument vun der Realitéitsëmsetzung. Haut sinn all Beschränkungen, déi mer sengerzäit haten, fort an dofir ass et relativ schwierig, wann een eng Impfflicht haut géif asetzen, en fin de compte ze soen, wat d'Konsequenze vun Netrespekt vun esou enger Impfflicht wäeren.

Viru sechs oder aacht Méint war dat vill méi einfach. Do hate mer en 3G, dat heescht, et waren eng Rei Restriktiounen do. Du konnts net an d'Caféë goen, du konnts net an d'Restaurante goen, du konnts net an de Kino goen, du konnts eventuell net reesen. Dat heescht, dat hat massiv Konsequenzen. Hei kéint een héchstens en Avertissement taxé drop maachen. An ech muss soen, datt ass dann eng Moossmann, déi awer warscheinlech wéineg Leit ofschrecke wäert par rapport zu enger Impfflicht oder wéineg Leit zur Impfung wäert dreiwien. D'ailleurs sinn och vun deene Länner, déi sengerzäit eng Impfflicht agesat hunn, déi eng virun e puer Wochen, déi aner scho méi fréi op déi Impfflicht zrëckkomm, well se an dësem Moment net sënnvoll ass.

Mir waren Enn d'lescht Joer fir d'Afféierung vun enger Impfflicht, de Staatsminister huet et scho gesot, d'ailleurs net nëmme fir eng fir 50+, mee fir eng allgemeng Impfflicht. Déizäit war d'Situatioun och eng ganz aner Situatioun. Déizäit ware mer virun enger akuter Gefor mat héijen Infektiounszuelen, mat enger ganz héijer Spidolsbeleung, also enger akuter Immediatgefor. Déizäit hate mer Konsequenzen en place, déi eng Impfflicht eventuell besser ëmsetzbar gemaach hätten, wéi dat haut de Fall ass.

An déizäit ware mer och virun enger Situatioun, wou mer e Vaccin haten, deen appropriéiert war fir de Virus, deen am Émlaf war, a wou een och dovunner ausgaangen ass – an dat ass och eist Argument

gewiescht, fir se bis op 18 Joer erofzesetzen –, datt d'Ustiechbarkeet, dat heescht d'Transmissibilitéit, duerch de Virus beschränkt wär. Op jidde Fall war dat sengerzäit d'Meenung vun den Experten.

Haut si mer an enger anerer Situatioun. An enger anerer Situatioun komme mir och zu enger anerer Konklusioun fir dat, wat haut noutwendeg ass.

Dat empêchéiert awer net, datt mer wëssen, datt virun der Rentrée awer nach eng ganz grouss Gefor do ass an datt mer eis musse fir déi Rentrée virbereeden. A bei där Virbereedung sinn an eisen Aen e puer Saache wichteg.

Dat Éischt, wat wichteg ass, dat ass, datt mir der Meenung sinn, datt eng Impfflicht awer muss preparéiert gi fir d'Rentrée. D'Regierung hat versprach, eis e Gesetzestext fir Abrëll virzeleeën. Dat ass dat, wat am Dezember gesot ginn ass. Dat ass net geschitt. Ech regrettéieren, datt et net méi fréi konnt geschéien, dann hätt ee schonn déi Virbereedung bis elo kënne maachen. Mee et sief dann, wichteg ass, datt mer elo prett sinn, fir am September kënne, wann et dann noutwendeg wär, eng Impfflicht anzeféieren.

An dofir si mer der Meenung, datt deen Text, wann en dann do ass, nu wierklech och soll schonn an d'Prozedur eragoen, den Avis vum Conseil d'État soll gefrot ginn, aner Avise solle gefrot ginn, d'Aarbechten an der Chamber och esou wäit gedriwwen solle ginn, datt mer ganz schnell, wa mer se brauchen, dann eng Impfflicht am September, am Oktober oder wéini och ëmmer aféiere kënne.

De Staatsminister huet gëschter e Wee virgeschloen, fir elo mol en informelle Projet – well ee jo net all Donnéeë kennt an dat gesi mer jo och an – op de Wee ze ginn. Mir sinn och mat deem Wee d'accord a mat där Propositioun d'accord, fir et ze maachen. Mir soe just: Kommt, mir maachen et schnell, a kommt, mir schaffe schnell drun, datt mer am September, Oktober nu wierklech prett sinn an da keng Zäit méi verléieren! Well et ass e komplizéierten Text an ech mengen, datt mer och eng Rei Diskussiounen wäerten dorobber verbréngen, quitte datt en elo nach informell ass an quitte datt elo nach eng Rei Hypothese mussen opleiwen.

Dat Zweet, doriwwer huet de Staatsminister net geschwat gëschter, ech wär awer frou, och seng Meenung kënne ze héieren, ech soen Iech op jidde Fall eis Meenung doriwwer, dat ass d'Necessitéit vun engem Pandemiegesetz, wat d'Experten och gefrot hunn. Hei geet et net ëm e Covidgesetz. Dat hu mer jo zu engem Deel. Hei geet et ëm e Pandemiegesetz, wat a sech déi Prozedur, no där mer Decisiounen huelen, ganz anescht organiséiert.

Mir sinn der Meenung, datt et wichteg wär, datt d'Regierung méi schnell kéint Decisiounen huelen. Dat heescht, datt mer am Fong déi Prozedur, déi mer elo hunn, wat zwar eng gutt Prozedur ass ... An ech muss soen, mir hu vill geschafft an der Santéskommissioun, mee mir sinn awer der Meenung, datt een dat nach méi sënnvoll kéint gestalten, andeem e Pandemiegesetz déi Kaderen esou setzt, datt d'Regierung e wéineg méi Fräiraum hätt, quitte datt d'Chamber muss kënne allkéiers mat dräi Wochen, véier Wochen, fënf Wochen Abstand e Bilan maache vun deem, wat d'Regierung decidéiert huet, an eventuell och déi eng oder déi aner Decisioun ëmänneren, wa se et dann als richteg empfënn.

Esou e Gesetzestext huet déi belsch Regierung virun enger ganzer Rei Méint gestëmmt. Dat fanne mir wichteg, datt dat och prett gemaach gëtt, datt mer och am Hierscht kënne doriwwer ofstëmmen.

Den zweete Punkt ass déi sektoriell Impfung. Déi sektoriell Impfung gëtt hei och vun den Experten net

als utile consideréiert. Mir verstinn d'Iwwerleeung vun den Experten. Wann et esou ass, datt de Vaccin d'Ustiechbarkeet net erofsetzt, da mécht et och net vill Sënn, d'Personal ze impfen. Dann ass et natierlech weesentlech besser, et konzentréiert ee sech op d'Pensionäre vun deenen Haiser aus dem Gesondheessektour. Déi Iwwerleeung kënnen mer verstoen.

Dofir si mer der Meenung, dass a sech déi sektoriell Impfflicht, esou wéi d'Experten et soen, och net noutwendeg ass. Par contre – an do wär ech och frou, dem Staatsminister seng oder der Gesondheesministesch hir Meenung driwwer ze héieren – proposéieren d'Experten awer an deem do Kader d'Méiglechkeet, eng Obligatioun anzeféieren, fir den Impfstatus vun deene Leit, déi am Secteur schaffen, och kënnen de Patrone respektiv den Direktiounen vun deenen Institutiounen ze soen, wou vulnerabel Leit dann hebergéiert sinn, fir a sech déi vulnerabel Leit beschteens ze schützen, fir d'Organisationspläng vun deenen Haiser esou opzesetzen, datt se sécher sinn, datt eventuell net geimpfte Leit net bei vulnerabel Persounen kommen.

Mir fannen déi Iddi eng richtig Iddi. Mir sinn der Meenung, datt och soll e Gesetzestext gemaach ginn, fir déi Obligatioun, den Impfstatus senger Direktioun an den Haiser ze soen, an d'Gesetz anzeschreiwen, esou wéi d'Experten dat froen. A mir froen d'Regierung do och, bis September, Oktober eng Legislatioun fäerdeg ze hunn, fir dat ze maachen. Dat schéngt eis wichteg ze sinn.

Dat selwecht gëllt fir all déi Proposen, déi d'Experten nach maachen, fir a sech Diskussiounen, mëndlech Diskussiounen a schrëftlech Diskussiounen, mat deene vulnerabele Leit an der Famill vun deene vulnerabele Leit ze hunn, soudatt jiddweree sech senger Responsabilitéit bewosst gëtt, wann e sech net wëllt impfe loosse. Och déi Decisioun ass eng Decisioun vu perséinlecher Responsabilitéit an déi muss, esou wéi d'Experten et froen – oder déi sollt, wéi d'Experten et och froen –, engem Gespréich ënnerleien, fir d'Leit op hir Responsabilitéit opmierksam ze maachen.

D'Konklusioun vun deem, wat ech wollt soen: Mir sinn der Meenung, datt sech haut, elo eng Impfflicht net justifiéiere léisst. Mir sinn awer gradesou vill der Meenung, datt d'Regierung muss an deenen nächste Méint d'Impfflichtgesetz an hirer Prozedur weiderdriewen, datt mer prett sinn, fir et am September stëmmen ze kënnen, wa mer et da géife brauchen, zweetens datt d'Regierung soll e Pandemiegesetz maachen an dat och fir d'Rentrée fäerdegmaachen, drëtzens datt d'Regierung soll eng Legislatioun iwwert d'obligatorescht Matdeele vum Impfstatus un déi Leit dann, déi dat musse wëssen, datt d'Regierung dat an der Legislatioun soll elo fäerdegmaachen a virgesinn.

Do huet d'Regierung nach eng ganz Rei Aarbechte fir September ze maachen. D'Pandemie ass nach net eriwuer an dofir erwaarde mir vun der Regierung, datt se hir Hausaufgabe mécht.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Wiseler. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här Präsident. Kolleeginnen a Kolleegen, d'Normalitéit, an där mer elo erëm liewen, déi verdanke mer dem Vaccin. An ech mengen, mir kënnen eis alleguerten glécklech schätzen, an enger Zäit ze liewen, wou a kierzester Zäit eng Rei Vaccinen entwéckelt gi sinn, déi effektiv waren an déi gehollef hu géint de Sars-CoV-2.

D'Vaccinen hu Liewe gerett a si hunn derfir gesuergt, dass de Gesondheessystem net zesummegebrach ass. Ech wëll mer net ausmolen, wou mir als Land dru wären, wa mer keng Impfstoffe gehat hätten. An ech wëll mer och net ausmolen, wéi vill Matmënsche mer nach verluer hätten.

78,8 % vun de Bierger hu sech impfe gelooss, fir sech selwer an awer och hir Matbierger ze schützen. Well dësen Taux awer net héich genuch ass, fir eng infektiéis Krankheet wéi de Covid-19 kënnen komplett anzedämmen, huet d'Politik – dat heescht, mir heibannen – sech eeschtaft Gedanken gemaach, ob net eng Impfflicht am Interêt vun der éffentlecher Gesondheet agefouert misst ginn.

Am Januar dëst Joer hu mer an der Chamber eng éischte Kéier heibannen en Debat iwwert d'Impfflicht gefouert, an dëst, nodeems en Expertegremium sech an engem éischten Avis kloer fir eng Impfflicht ab 50 Joer an och fir eng Impfflicht am Gesondhees- an am Fleegesecktor ausgeschwat hat.

Fir d'DP war et kloer, dass mir op den Avis vun den Experten – well déi heesche jo net ouni Grond esou – lauschtere géifen.

Mee am Januar war de Kontext en anere wéi elo. Déi nei Variant mam Numm „Omikron“ huet sech zwar ganz séier verbreet an d'Suerge ware grouss, dass se eng änlech schwéier Well ausléise kéint wéi d'Delta-Variant. Mat der Zäit huet sech awer erausgestallt, dass déi nei Variant wuel méi infektiéis ass – dräimol méi infektiéis wéi Delta –, mee dass d'Krankheetsverleef bei Wäitem net esou schlëmm wieren. Et waren also definitiv manner Hospitalisatiounen néideg an eis Spideeler waren net méi a Gefor, un hir Grenzen ze stoussen.

An dat war jo bei all Moosnam, déi mer heibannen zesumme geholl hunn, ëmmer den Haaptbut, dass eis Spideeler funktionéiere kéinten an dass d'Gesondheetsversuergung net géif zesummebréchen. Dat war och ëmmer den Avis vun den Experten. Zanter hirem leschten Avis hu se sech dowéinst un d'Aarbecht gemaach, fir verschidde Modellisatiounen opzestellen, fir den Impakt vun der Impfflicht nach eng Kéier am Detail ze analyséieren.

An dësem zweeten Avis goufe siwen Zenarien analyséiert, déi eis am Hierscht erwaarde kéinten, mat ënnerschiddleche Varianten an och mat ënnerschiddlech héijen Impftauxen. Nëmme an engem Zenario koumen d'Experten zur Konklusioun, dass eng Impfflicht en eendeiteg positiven Impakt op d'Hospitalisatiounen an de Soins normaux an an de Soins intensifs kéint hunn, an zwar an deem Fall, wou d'Variant zwar ganz virulent ass, mee nach op Vaccine reagéiert a gläichzäiteg alleguerten d'Leit iwwer 50 dräi Impfdose krute respektiv souguer eng véiert, wann déi lescht Impfung méi laang wéi fënnf Méint zrëckläit.

Eng sektoriell Impfflicht gëtt an dësem zweeten Avis net méi recommandéiert, dëst well de Vaccin zwar wuel bei Omikron viru schwéiere Krankheetsverleef schützt, mee net virun der Infektioun. D'Impfflicht géif also kee Bäitrag leeschten, fir de Cordon sanitaire oprechtzeerhalen, also d'Patienten an de Spideeler an d'Residenten an den Altersheimer virun enger Infektioun ze schützen.

Kolleeginnen a Kolleegen, gradewéi d'Regierung steet och d'Demokratesch Partei hannernt der Wëssenschaft. An och mir soen den Experte Merci fir déi Zäit, déi se sech geholl hunn, fir hiren Engagement, fir déi zwee Avisen iwwert den Notze vun der Impfflicht auszeschaffen.

Impfen ass a bleift dee beschte Moyen, fir de Coronavirus am Grëff ze halen an eis erëmgewonne Fräiheet

net nees ze verléieren. Mee während den éischten Avis am Januar sech ganz kloer fir eng altersbeschränkt a sektoriell Impfflicht ausgeschwat huet, ass den zweeten Avis an deem dote Punkt weesentlech méi nuanzéiert, well en ass op nei Erkenntnisser opgebaut, déi eréischt am Laf vun der Zäit konnte gewonne ginn. An dat weist, dass et richtig war an dass et och wichteg war, fir hei net iwwerstierzt ze handelen.

Fakt ass, dass de Kontext haut en aneren ass wéi nach viru sechs Méint. D'Infektiounen klammen zwar, mee d'Hospitalisatiounen gi bei Wäitem net esou séier an d'Luucht. A wa viru sechs Méint nach eng, ech géif souguer soe grouss, Majoritéit vun de Bierger do-bausse sech fir eng Impfflicht ausgeschwat huet, sou mengen ech, dass dat haut net méi onbedéngt de Fall ass.

D'Aféierung vun enger allgemenger Impfflicht kann een, mengen ech, awer just op Basis vun enger breeder politescher Zoustëmmung decidéieren. En Agrëff an dat fundamentaalt Recht op kierperlech Onverseertheit dierf een einfach net lichtfankeg huelen.

Fakt ass och, dass déi zwou Konditiounen, ënnert deenen d'Aféierung vun enger Impfflicht sënnavoll wär, mat grousser Warscheinlechkeet net wäerten erfëllt ginn. Wéi eng Variant eis am Hierscht erwaart, ass zu dësem Moment net virauszagesinn, well d'Mutatiounen willkürlech sinn. An ob d'Vaccinen dann och ausräichend effikass wäerte sinn, och dat ass net virauszagesinn.

Et sinn zwar nei Impfstoffe an der Entwécklung, déi op Omikron adaptéiert goufen, mee och do gëtt et keng Garantie, dass se am Hierscht bei enger Variant den néidege Schutz bidde kënnen. Et ass einfach eng Tatsaach, dass d'Impfstoffe an d'Entwécklung heivunner sech just op dat baséieren kënnen, wat schonn do ass, wat mer kennen, an dass d'Forschung ëmmer de Virusmutatiounen hannendruleeft.

An och en Impftaux vun 100 % bei de Leit iwwer 50 ass a mengen Ae leider net realistesch, egal wéi vill mir eis dat heibannen och géife wënschen. 30.000 Persounen an där Alterskategorie, also ëmmerhin 13,5 % vun de Leit, sinn nach net geimpft. An dobäi kommen 20.000 Leit, déi kee kompletten Impfschutz hunn, also just eemol d'Sprëtzen kruten.

No iwwer zwee Joer Pandemie ass et kaum virstellbar, dass eng Impfflicht dës Leit derzou géif bréngen, sech elo impfen ze loosse. Well mir dierfen eppes net vergiessen: Eng Impfflicht ass keen Impfwang! Kee gëtt virun den Dokter geschleeft a kritt ouni säin Averstännis eng Sprëtze. Bei enger Impfflicht huet een nach ëmmer de Choix, vläicht léiwer eng Sanktioun ze bezuelen, wéi sech impfen ze loosse.

Do derbäi kënnt, dass mer hei am Land 200.000 Frontalieren hunn, deenen hiren Impfstatur mer guer net kennen. An d'Aféierung vun enger Impfflicht hätt op si och keen Impakt, well se sech just op d'Residenté géif begrenzen.

Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'DP ass eng Impfflicht zu dësem Moment net dee richtege Wee, well eng onmëssverständlech Plus-value fir eis Gesellschaft net ginn ass. Mir begrëissen et awer, dass d'Regierung preventiv e Gesetzestext ausschafft, fir am Eeschtfall séier kënnen ze reagéieren.

Als Virbereedung op den Hierscht ass meng Fraktioun der Meenung, dass d'Impfcampagnë konsequent musse weidergoen. Virun allem déi vulnerabel Leit musse verstärkt cibléiert ginn. Mënschen iwwer 50 maachen nämlech – an Dir wësst et – 98 % vun de Stierffäll mam Covid-19 hei am Land aus. A schonns eng drëtt Dosis schützt mat 90%eger Effektivitéit.



D'Hausdoktere wäerten och an Zukunft eng wichtig Roll iwwerhuelen. Si kennen hir Patienten am beschten a si sollten dowéinst nach méi sensibiliséiert ginn.

Nieft der konstanter Sensibiliséierung vun de Bierger, wat d'Impfung betrëfft, dierfe mer awer och net vergiessen, dass eng Rei aner Mesuren zur Verfügung stinn. Teststrategien hëllefen, d'Verbreedung vum Virus anzeschränken, an d'Analysen an de Kläranlage vun eisen Ofwässer ginn eis awer eng gewësse Previsibilitéit, wéi staark de Virus an der Bevëlkerung verbreet ass a wat fir eng Varianten am Émlaf sinn. An d'Iddi vun engem Impfegëster fir de Gesondheets- a Flegesecteur, déi vun den Experten an hirem Avis an d'A gefaasst gouf, fanne mir gutt. Well nëmme wann d'Spideeler Kenntnis hunn, wie vum Personal geimpft ass, kënnen se d'Ekipe beschtméiglech andeelen an e reibungslosen Oflaf vun hire Strukture garantéieren an hire Patiente bei der Behandlung de gréisstméigleche Schutz bidden.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, meng Fraktioun steet weiderhi voll a ganz hannernt der Impfung. Mir stellen hire Bäitrag a kenger Weis a Fro, och wa mer zu dësem Moment géint eng Impfpflicht sinn. Mir schlësse se awer net kategoresch aus, wann d'Situatioun am Hierscht sech sollt verschlimmern. Eng gutt Virbereedung, dat ass elo alles, fir dass séier kann agéiert ginn, wann den Eeschtfall sollt a Kraaft trieden.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Gilles Baum. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Dir Dammen an Hären Deputéiert, haut diskutéiere mer also eng zweete Kéier bannent e puer Méint iwwer eng méiglech Aféierung vun enger Impfpflicht hei zu Lëtzebuerg. D'Basis vun där Debatt liwwert eis den Avis complémentaire vum Expertegrupp, deen d'Regierung an Opdrag ginn huet. Rappeléiere mer, dass am Januar den éischten Avis vun dësem Grupp publizéiert gouf.

Well mer awer an deem Moment e Changement an dëser Pandemie erlieft hunn, nämlech dass d'Delta-Variant vum Covid der Omikron-Variant Plaz gemaach huet, huet d'Regierung d'Experten domadder beoptraagt, dëser neier Evolutioun Rechnung ze droen an en Avis complémentaire zu presentéieren.

Ech profitéiere gär vun dëser Geleeënheet, fir dësen Experten e grouse Merci ze soe fir hir exzellent Aarbecht an hir Efforten am Déngscht vun der Allgemengheet an dem Wuel vun eis alleguerten. Mir wëssen, wéi vill Méi si sech domadder gemaach hunn an dass si et sech net leicht gemaach hunn. Dat verdéngt grouse Respekt an eis déif Unerkennung.

Am Januar koum et also zu enger éischter Diskussioun hei an der Chamber iwwer eng méiglech Aféierung vun enger Impfpflicht zu Lëtzebuerg. An deemools hunn ech op där selwechter Plaz hei gesot, dass d'LSAP bereet ass, op de Wee vun enger legaler Impfpflicht ze goen, wann d'Situatioun dat erfuerdert.

An ech stinn nach ëmmer zu där doten Ausso. D'LSAP ass fir eng Impfpflicht, wann éischters d'Impfpflicht e kloert a legitimt Ziel huet, an zweetens, wann de Prinzipp vun der Proportionalitéit respektéiert gëtt, an drëtzens – vläicht e bësse méi salopp ausgedréckt –, wann erweisen ass, dass se eppes bréngt.

Eis Positioun huet also net geännert. Mee vill Saachen hu sech awer geännert an de leschte Méint.

D'Situatioun ass haut eng ganz aner wéi nach am Januar. Den Omikron huet d'Kaarten nei gestéckelt an dëser Pandemie. Dës Variant ass zwar héich ustiechend, ob vaccinéiert oder net, mee de Krankeetsverlaf vun de Leit, déi dës Variant erwëscht hunn, ass bei Wäitem net méi esou schlëmm, wéi dat bei der Delta-Variant de Fall war.

Trotz héijen Inzidenzzuelen ass eise Gesondheetssystem net iwwerlaascht ginn. Eng aner Saach, déi geännert huet – an dat ass eng logesch Konsequenz –, ass den Avis vun den Experten. Mee dozou kommen ech herno. Wat net geännert huet, ass, dass déi méiglech Aféierung vun enger Impfpflicht eng vun deene komplizéiertsten Diskussiounen ass, déi dës Chamber iwwerhaupt ze féieren huet.

Mir diskutéieren hei, awéiwäit mer eis Prinzippien an déi elementar Grondrechter vu jiddwer Eenzelne dem Allgemengwuel kënnen afferen. De Premier huet et och schonns ënnerstrach: An dëser Diskussioun gëtt et kee Richteg a kee Falsch, kee Schwaarz an och kee Wäiss.

Mir als LSAP hunn eis dëse Sujet zu Häerz geholl an hunn eis intensiv mam Sujet befaasst. Mir hunn eis net dreiwéi gelooss vun deenen, déi hei eng séier Äntwert gefuerdert hunn. Vill si mer och dofir kritiséiert ginn. Mir goufen duergestallt, wéi wa mir zécke géifen, wéi wann et eis u Courage géif feelen, fir eng Impfpflicht hei am Land ze decidéieren.

Et ass ganz sécher net de Courage, deen eis gefeelt huet. Ganz am Contraire: An engem Moment, wou vill Leit dach gären op der Dot eng Impfpflicht agefouert hätten, well hinne fälschlecherweis verzielt gouf, domadder wär déi ganz Virusgeschichte eriwuer, a genee deem Ament hate mir de Courage, fir eise Prinzippien trei ze bleiwen an hunn net opgehalen, op d'Vehältnisméissegkeet vun enger Mesure wéi déi vun enger Impfpflicht opmierksam ze maachen.

**Une voix** | Très bien! Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | D'Impflichtdebatt ass eng komplizéiert Debatt. A bei esou Debatte muss een am beschten e kille Kapp behalen. D'LSAP huet dat gemaach mat virop eiser Gesondheitsministesch, déi keng iwwerstierzt an oniwuerluecht Diskussiounen opkomme gelooss huet an all d'Argumenter, pro a kontra, op de Leescht geholl huet. Mee et ass net nëmme d'LSAP, déi an dëser Debatt eng korrekt Figur gemaach huet. D'Chamber am Allgemengen, queesch duerch d'Bänke vun de Majoritéitsparteien, mee och vun den Oppositionsparteien, huet hei e gutt Bild ofginn.

„Il n'y a que les imbéciles qui ne changent pas d'avis.“ An et ass richteg, dass, wann d'Argumenter – oder, besser gesot, de Kontext, an deem een ass – änneren, ee seng Decisiounen kann änneren, jo souguer muss upassen. Dës hunn d'Experten zum Deel gemaach an dës huet d'Politik och gemaach.

Här President, den Avis complémentaire vun den Experte kënnt net op déi selwecht Konklusiounen, wéi dat nach am Januar de Fall war. An dat ass och net verwonnerlech. D'Situatioun ass nun emol net méi déi selwecht wéi nach ugangs des Joers.

D'Omikron-Variant huet aner Charakteristike wéi hire Virgänger, den Delta. Den Avis vun den Experten ass also net méi esou kloer – oder fir et anescht auszudrécken: En ass méi nuancéiert –, wann et ëm d'Afféiere vun enger Impfpflicht geet.

Och recommandéieren d'Experten net méi d'Afféiere eng sektorieller Impfpflicht fir d'Fleegepersonal. D'Experte bleiwen awer bei hirer Recommendation vun der Aféierung vun enger Impfpflicht fir Leit iwwer 50 Joer.

Mir wëssen, och mat Omikron, dass bal all Doudesfall a bal all schwéiere Verlaf vun der Krankheet Leit iwwer 50 Joer betrëfft. Firwat also, wann d'Experten eng Impfpflicht vun de Leit iwwer 50 recommandéieren, seet dann d'Politik dozou Neen? Hält d'Politik sech vläicht fir méi gescheit wéi d'Experten? Huele mir d'Experten, jo, d'Wëssenschaftler, vläicht net eescht genug? Dës ass selbstverständlech net de Fall.

Mee d'Roll vun der Politik ass et, fir och nach aner Elementer an d'Diskussioun afléissen ze loossen. Selbstverständlech déi medezinnesch, mee och déi juristesche, déi gesellschaftlech Elementer, awer och Froe vun de Mënscherechter oder Froe vun eise Fräiheete mussen zum Beispill mat afléissen.

Mir müssen déi politesch Ëmsetzung vun esou Mesurë kritisches hannerfroen. Et ass d'Roll vun der Politik, Elementer wéi d'Proportionalitéit vun de Mesuren ze kontrolléieren. Et ass un der Politik ze kucken, ob Mesuren, déi an der Theorie Sënn maachen, och an der Praxis ëmsetze sinn an deemno och hiert Zil errechen. An et ass un der Politik ze kucken, ob eng Mesure déi néideg politesch a gesellschaftlech Akzeptanz géif fannen.

E kleng Bléck an d'Ausland weist och, wéi problematesch eng Impfpflicht ass, respektiv dass et alles anescht wéi eng eestëmmeg Meinung dozou gëtt. An Däitschland hat déi nei Ampelkoalitioun d'Afféiere vun enger Impfpflicht an Aussicht gestallt, allerdéngs ass de Vott am Bundestag de 7. Abrëll negativ ausgegangen.

A Frankräich ass eng partiell Impfpflicht de 15. September zejoert agefouert ginn. D'Personal aus dem Santébsäich a Fleegeheemer hat bis den Oktober Zäit, fir e komplette Schéma vaccinal ze hunn. Wie sech net impfe gelooss huet, konnt suspendéiert ginn. Bis zu 15.000 Leit sollen esou suspendéiert gi sinn. Dës Ziel ass awer entre-temps staark erofgeangen. Vill Leit hate sech impfe gelooss oder sinn uestach ginn. Eng generell Impfpflicht ass vum President Macron ëmmer ausgeschloss ginn.

An Éisträich ass d'Impfpflicht den 19. November 2021 vum Bundeskanzler ugekënnegt ginn. Si sollt ab dem 5. Februar gëllen. Strofe vu bis zu 3.600 Euro ware virgesinn. D'Impfpflicht ass effektiv Enn Januar 2022 gestëmmt ginn, am März huet d'Regierung awer scho gesot, eng Impfpflicht wär wéinst der Dominanz vun Omikron net méi verhältnisméisseg. Si ass kuerz drop erëm ofgeschafft ginn.

An der Belsch ass d'Schafe vun enger partieller Impfpflicht aktuell um Instanzwee. Si ass fir Soignantë virgesinn. Allerdéngs huet d'„Taskforce Vaccination“ am Mee matgedeelt, dass se am aktuelle Kontext net méi justifizéiert ass. Allerdéngs kéint dat änneren, wann eng nei Variant géif kommen. Dofir ass d'Entrée en vigueur vun dëser partieller Impfpflicht elo mol ausgesat.

Dir Dammen an Hären, eng Impfpflicht ass keen Impfwang. En Impfwang wëllt kee vun eis heibannen. Et ass wichtig, dës nach eng Kéier ze ënnersträichen. Also muss een och analyséieren, ob eng Impfpflicht och géif hëllefen, dat Zil, wat eis d'Experten an hirem Rapport virrechnen, ze errechen.

Loosst mech eng Kéier kuerz aushuelen. An hirem Avis zeechnen d'Experte verschidden Zenarioen op, ganzer siwe Stéck. An engem vun deenen Zenarioen, dem Worst-Case-Zenario, ass et ganz kloer, dass, wann 100 % vun de Leit iwwer 50 Joer geimpft wieren, also jiddereen, dann d'Situatioun an de Spideeler weesentlech besser wier, wéi wann déi 30.000 Leit iwwer 50 Joer hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer net geimpft wieren.

Also anescht ausgedréckt: De Rapport vun den Experte geet vun der Hypothees aus, dass ee mat enger Impfflicht kann 100 % vun de Leit erreechen. Mee nach eng Kéier: D'Impfflicht ass jo keen Impfwang. An ech zweifele ganz staark drun, dass mer 100 % vun de Leit duerch eng Impfflicht kéinten iwwerzeegen.

An Italien an a Griicheland, wou esou eng änlech Impfflicht agefouert gouf, ass den Impftaux an där Alterskategorie just ëm 3 % respektiv 5 % geklommen. Dat kann ee selbstverständlech anescht gesinn. Mee souguer wann dëst de Fall sollt sinn a sech all d'Leit iwwer 50 géifen impfe loosse, da gi mer hei vun engem méiglechen Szenario vun insgesamt siwen aus, wou et och Sënn géif maachen. An all anerem Szenario, deen analyséiert gouf, bréngt eng Impfflicht wéineg a gëtt net recommandéiert.

Dëse Worst-Case-Szenario gëtt et jo momentan net. A souguer an deem Szenario misste gläich e puer Hypothesen antrieden, déi eng Impfflicht da géife justifizéieren. Éischtens, wéi gesot, eng extreem schlech Variantum vum Covid. Zweetens, dass mer dee Moment och e Vaccin hätten, dee géint déi spezifesch Variant hëllef. Drëttens, dass all Persoun iwwer 50 op d'mannst dräimol geimpft ass an no all fënnef Méint nach en zousätzleche Booster kritt. A véiertens, dass all Persoun, also 100 % vun dëser vulnerabler Populatioun, geimpft wier.

Dëst sinn eis am Ament e bëssen ze vill Hypothesen, fir esou e massiven Agrëff an d'Privatsphär ze justifizéieren. Wa mer esou eng Decisioun wéi eng Impfflicht aféieren, da mussen mer gutt Argumenter hunn, da mussen mer eiser Saach ganz sécher sinn. An hei sinn awer vill Saachen nach net sécher.

Här President, ech hunn et agangs vu menger Ried scho gesot: Dëst ass eng vun de komplizéiertsten Debatten iwwerhaapt! Also ass meng Äntwert och net Jo oder Nee zur Impfflicht. Mir als LSAP soen net kategoresch Nee zur Impfflicht, mir sinn awer der Meinung, dass se Stand haut net déi richteg Solutioun ass.

Mir hunn an dëser Pandemie geléiert, dass dee Virus keng Rücksicht hält op eis Befindlechkeeten a séier ka mutéieren an op en Neits all Iwwerzeegungen iwwer de Koup geheien. An effektiv kéint et also sinn, dass am Hiersch oder am Wanter d'Situatioun sech esou dramatesch verschlechtert, dass also dee sougenannte Worst-Case-Szenario antrëtt an dass eise Gesundheitssektor riskéiert, iwwerlaascht ze ginn.

Duerfir si mir och mat der Regierung d'accord, fir e Gesetz ze preparéieren, wat eng Impfflicht méiglech mécht, wéi gesot, am Fall, wou d'Situatioun dëst géif verlaangen. Op d'mannst hätte mer op dës Manéier wäertvoll Zäit gewonnen. Zäit ass jo dat, wat dem Virus an d'Hänn spillt. An ech mengen och, dass mer geléiert hunn, dass mer mussen op all Eventualitéit preparéiert sinn.

An deem Sënn, Här President, deposéieren ech Iech eng Motioun, ...

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

– *considérant l'avis complémentaire du groupe ad hoc d'experts sur l'instauration d'une obligation vaccinale contre la Covid-19 et les recommandations accessoires y formulées ;*

– *constatant que le taux de la population vaccinable (à partir de cinq ans) présentant un schéma vaccinal complet est actuellement de 78,8 % et que parmi les personnes de 50 ans et plus quelque 13,5 % ne sont pas vaccinées contre la Covid-19 ;*

– *constatant que le variant Omicron est désormais majoritaire, et plus particulièrement le sous-variant BA.5, avec*

*77,3 % des cas lors de la semaine 25 (selon le rapport Revilux du Laboratoire national de santé) ;*

– *considérant que les vaccins disponibles actuellement confèrent une protection contre les formes graves de la maladie mais ne protègent plus de manière efficace contre une nouvelle infection par le sous-variant BA.5 ;*

– *constatant que malgré un taux d'infections élevé, le nombre de patients testés positifs à la Covid-19 admis à l'hôpital et plus particulièrement aux soins intensifs est resté stable au cours des dernières semaines ;*

– *considérant que, selon les experts, une nouvelle vague d'infections à la Covid-19 en automne/hiver 2022-2023 est probable et qu'une mutation du virus et l'apparition d'un variant plus virulent d'ici la fin de l'année 2022 ne peut pas être exclue,*

*invite le Gouvernement*

– *à soumettre à la Chambre des Députés au plus vite les avant-projets de loi relatifs à une éventuelle obligation vaccinale contre la Covid-19 à introduire en cas de besoin ;*

– *à continuer de surveiller l'évolution de la situation sanitaire, tant au Luxembourg que dans un contexte international, notamment en ce qui concerne l'apparition de nouveaux variants du virus présentant une virulence accrue et risquant de conduire à une surcharge du système de santé ;*

– *à poursuivre ses efforts afin de promouvoir la vaccination, y compris l'administration de doses de rappel auprès des personnes pour lesquelles il existe une recommandation correspondante ;*

– *à mener une analyse juridique portant sur les recommandations accessoires formulées dans l'avis complémentaire susmentionné.*

(s.) Yves Cruchten, Gilles Baum, Josée Lorsché.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Cruchten.**

**M. Yves Cruchten (LSAP) | ...** déi ënnerschriwwen ass vun de Kolléeg vum der DP a vun deene Gréngen. An ech entschëllege mech bei de Kolléeg vum der Oppositioun, dass ech de Mueren d'Kéier net méi kritt hunn, fir mech och nach mat hinnen ausernanerzesen. Dir sidd selbstverständlech invitéiert, déi Motioun mat ze ënnerschreiwen, ier mer se diskutéieren. Ech hat einfach de Muere keng Zäit méi kritt.

Här President, d'Impfe wierkt an ech wëll op kee Fall, dass no dëser Debatt vun haut iergendeen dobause mengt, mir géifen hei d'Effikassitéit vum der Impfung a Fro stellen. D'Impfungen hunn et fäerdegbruecht, dass mer haut gutt do stinn an dass de Gesundheitsystem net kollabéiert ass. Duerfir ënnerstëtze mir och d'Regierung an hirem Effort, fir d'Sensibiliséierungscampagnë weiderzeféieren.

Ech hunn et am Januar scho gesot an ech stinn och haut nach zu dëser Ausso: Mir als Deputéiert sinn all eise Matbirger, de Geimpften an och den nach net Geimpften, et schëlleg, dass mer zilorientéiert, evidenzbaséiert, reflektéiert, gutt informéiert a gutt verständlech Decisiounen huelen, déi eis Bierger och novollzéie kënnen, fir datt mer net um Enn d'Pandemie zwar iwwerwonnen hunn, mee duerfir eist gesellschaftlecht Zesummeliewe geschiedegt hunn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Cruchten.** An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Merci, Här President.** Dir Dammen an Dir Hären, an engem Arrêt de principe vum 2021 huet den Europäesche Gerichtshaff vun de Mënscherechter d'Impfflicht ënner gewësse Bedingungen als zoulässege ugesinn. D'Argument war,

datt de Schutz vum Grondrecht op d'Gesondheet eng positiv Obligatioun vum Staat ass an datt d'Impfung ee vun de wirksamste medezinneschen Akten ass, fir d'Zil vum kollektive Gesondheetsschutz ze erreechen.

Deem géigeniwwer steet d'Recht vum Einzelnen op kierperlech Onverseertheit an op Selbstbestëmmung iwwer säin eegene Kierper, e Grondrecht, wat der Impfflicht diametral entgéintsteet. Fir datt de Pendel tëscht deem engen an deem anere Grondrecht zugonschte vun der Impfflicht kann ausschloen, mussen laut dem Europäesche Gerichtshaff vun de Mënscherechter dräi Konditiounen erfëllt sinn.

Éischtens muss d'Zil, wat mat der Impfflicht erreecht soll ginn, kloer definéiert sinn. Zweetens muss d'Impfflicht en appropriéiert Mëttel sinn, fir d'Zil ze erreechen. Drëttens muss d'Decisioun, eng Impfflicht anzeféieren, op Basis vu klore wëssenschaftleche Krittäre getraff ginn, dëst, fir willkürlech Decisiounen vun der Politik auszuschléissen an ze garantéieren, datt d'Decisioun verhältnisméisseg ass zum Zil, wat erreecht soll ginn.

Dat ass e Grondprinzip vum eiser Demokratie an e wichtege Deel vum eise Rechtsstaat, un deem net gerëselt dierf ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, am Januar 2022, wéi mer eng éischte Kéier iwwer eng méiglech Impfflicht zu Lëtzebuerg diskutéiert hunn, hu mir dat primäert Zil definéiert an dat Zil huet bis haut net geännert. Et besteet doran, déi vulnerabel Populatioun duerch d'Impfung virun engem schwéiere Verlaf ze schützen an d'Iwwerbelaaschtung vun de Spideeler op déi Manéier ze verhënneren.

Et ass also nach ni drëms gaangen, eng sougenannt „Herdenimmunitéit“ opzebauen, well dat guer net méiglech ass.

Dir Dammen an Dir Hären, Ufank 2022 war den Drock op d'Spideeler alarmant: D'Intensivstatiounen ware carrement un der Grenz vun hirer Belaaschtbarkeit ukomm an d'Aussetze vun der Behandlung vun Net-Covidpatienten ass zur Reegel ginn. Datt d'Covidpatienten, déi am Spidol hu misse behandelt ginn an d'Infektioun zum Deel och net iwwerlieft hunn, gréisstendeels net geimpft waren an iwwer 50 Joer al waren, war de Grond, firwat d'Experten an hirem éischten Avis derfir waren, dass eng Impfflicht ab 50 Joer sollt agefouert ginn.

Derbäi koun nach, datt d'Impflücken net nëmmen an der Alterskategorie iwwer 50, mee och beim Santéspersonal ze denke ginn hunn. An och dës Erkenntnis huet derzou gefouert, datt d'Experte sech fir eng Impfflicht am Spidol- a Fleegesektor ausgeschwat hunn, mam Zil, e Cordon sanitaire ëm déi jeeweileg Haiser opzebauen.

Dir wësst et, als Gréng hu mir den éischten Avis vun den Experten a senger grousser Linnen explizit ënnerstëtzt, dëst virun allem opgrond vun der Erkenntnis, datt d'Impfung erwiisenermoossen en appropriéiert Mëttel ass, fir schlech Verleef ze verhënneren an d'Spideeler ze schützen. An där Meinung si mer och nach haut.

Datt sech zu deem Moment eng nei Variant mam Numm Omikron ugekënnegt huet, där hir Propriété bis dohin net bekannt waren, huet eis d'Saach allerdéngs net méi einfach gemaach an et war och de Grond, firwat d'Regierung en Zousazavis bei den Experten ugefrot huet, dëst schonn am Januar.

Haut, no ganzer sechs Méint, läit den Avis vir. E bestätegt genau dat, wat mer am Alldag feststelle kënnen a wat d'Kaarten eigentlech nei gemëscht huet: D'Omikron-Variant, déi sech no der Delta-Variant breetgemaach huet, ass wuel extreem ustiechend,



nach vill méi ustiechend wéi hire Virgänger, entscheedend an där ganzer Entwécklung ass awer, datt d'Ustiechung mam Omikron an all senge Varianten, jee no Impf- a Geneesenestatus, éischer harmlos verleeft an datt kaum nach Covidpatienten am Spidol behandelt musse ginn oder carrement stierwen.

De Problem vum iwerméissegem Drock, dee mer am Ufank jo wollte verhënneren, vum iwerméissegem Drock op d'Spideeler wuelgemierkt, stellt sech deemno haut net, wuel wëssend, datt keng eenzeg Persoun op der Intensivstatioun läit.

En neie Moment ass och, datt d'Impfung net méi am selwechte Mooss géint d'Ustiechung vun anere wierkt. Dat stellt d'Impfung als Eegeschutz virun engem schwéiere Verlaf net a Fro. Et konfrontéiert eis awer mat der Tatsaach, datt geimpfte Persounen, déi infizéiert sinn, och bei engem harmlose Verlaf héich ustiechend bleiwen.

Alles an allem kann een also soen, datt d'Situatioun sech par rapport zum Januar grondleeënd geännert huet, an dat net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee a villen anere Länner, déi sech änlech Froe stelle wéi mir an déi der Komplexitéit, mee och der Imprevisibilitéit vun der Pandemie grad esou ausgeliiwert si wéi mir.

Bescht Beispill ass Éisträich, wat d'Impfpflicht am November 2020 (veuillez lire: November 2021) agefouert huet a se kierzlech bis zum 31. August op Äis geluecht huet, wuel wëssend, datt déi éisträichesche Experte-kommissioun sech an hirem Avis vum leschte Mee géint d'Impfpflicht ausgeschwat huet, an zwar mam Argument, datt et an der aktueller Situatioun un enger wëssenschaftlecher Grondlag feelt, déi d'Bäibehaltung vun der Impfpflicht an Éisträich géif justifizéieren.

Dobäi koum d'Asiicht, an dat ass net onweesentlech, datt d'Impfpflicht – net ze verwiessele mat Impfpflicht – sech net als appropriéiert Mëttel erausgestallt huet, fir d'Impfquot ze erhéijen, ganz einfach well vill Mënsche sech trotz der Impfpflicht net impfe gelooss hunn.

Erhéicht gouf allerdéngs d'Spaltung vun der Gesellschaft. A grad dowéinst geet et der éisträichescher Regierung haut prioritär drëms, déi gesellschaftlech Grief nees zouzeschëdden an der Emotionaliséierung vum Thema Impfung an Enn ze setzen.

Dir Dammen an Dir Hären, natierlech si mir hei net an Éisträich, mir sinn zu Lëtzebuerg. Mee grad wéi an Éisträich hunn d'Experte sech och bei eis par rapport zu der Impfung oder der Impfpflicht positionéiert a grad wéi an Éisträich muss d'Politik och zu Lëtzebuerg Decisiounen huelen.

Am Géigesaz zu den éisträicheschen Experte schwätzen eis Experte sech fir eng zäitno Aféierung vun der Impfpflicht ab 50 aus. D'Haaptargument berout op der Iwwerleeung, engem Worst-Case-Zenario, deem am Hierscht oder Wanter eventuell antriede kéint, virzegraifen. Ech soe bewosst „eventuell antriede kéint“, well glat a guer kee Beweis virläit, datt esou e Super-GAU-Zenario als ee vu ganzer siwe méiglechen Zenarien effektiv am Hierscht wäert antrieden.

Et ass op deem Punkt, wou de Schung an eisen Aen am meeschten dréckt, wann et drëms geet, d'Aféierung vun der Impfpflicht ze justifizéieren. De Schung dréckt ganz einfach, well eis rechtsstaatlech Prinzipie viraussetzen, datt all Beschneidung vun de Grond-rechter op wëssenschaftleche Fakte muss berouen a proportional muss sinn zum Zil, wat mir wëllen erreechen.

Wann een da bedenkt, datt d'Spideeler haut am Géigesaz zum leschte Wanter kaum nach Covidpatienten beluecht sinn, dann ass d'Zil, wat mir am Januar definéiert haten, zu dësem Moment jo eigentlech erreecht. Net nëmme fir eis, mee och fir déi berodend

Mënschrechtskommissioun oder awer fir Verfassungsrechtler a vill anerer ass dat e gudde Grond, fir zu dësem Zäitpunkt op d'Aféierung vun der Impfpflicht ze verzichten, wuel wëssend, datt och déi nei Vaccine sech nach musse bewisen.

Villméi féiert grad elo kee Wee derlaanscht, d'Impf-campagne ze beschleunegen, a Gang ze bréngen an alles ze maachen, fir datt déi 30.000 guer net geimpft an 20.000 net komplett geimpft Mënschen iwuer 50 Joer vun der Wichtigkeet vun der fräiwëlleger Impfung iwuerzeegt ginn. Dat ass fir eis elementar zu dëser Zäit.

Wat eis als Gréng an deem Kontext awer och interesséiert oder interesséiere géif, ass de reellen Immunitéitszoustand vun der Lëtzebuurger Gesellschaft, deem net bekannt ass. Verschidde Persounen hu sech jo eemol oder e puermol infizéiert an et gëtt och Persounen wéi Studenten oder anerer, déi deelweis am Ausland wunnen a sech net zu Lëtzebuerg impfe gelooss hunn, mee am Ausland.

Meng Fro un Iech, Madamm Minister ass, ob Dir et net awer interessant géift fannen, den Immunitéits-taux vun enger sougenannter „Kohort“, dat heescht engem definéierten Echantillon vun der Populatioun, méi prezis ze suivéieren. Dat géif et erlaben, déi néideg Konklusiounen ze zéien, och am Hibleck op den nächsten Hierscht a Wanter, wou mer ëmsou besser opgestallt sinn, wat mer méi Daten iwuer d'Immunitéit vun eiser Bevëlkerung zur Verfügung hunn.

Dozou wollt ech och froen, Madamm Minister, ...

**Une voix** | D'Madamm Minister ass an enger Diskussioun.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Ech wollt just froen, Madamm Minister, wou mer mat der ORCHES-TRA-Studie dru sinn, déi d'CON-VINCE-Etüd ofgeléist huet a geduecht war, fir d'Antikierperen an der Populatioun ze detektéieren an ze suivéieren.

Här President, iwuer d'Impfung an d'Impfpflicht, mee och iwuer déi gesellschaftlech Grief, déi eng Impfpflicht riskéiert, mat sech ze bréngen – dat hu mer an Éisträich gesinn –, wier nach vill ze soen, nach ganz vill. An och déi verschidde Recommandatiounen, déi d'Experten an hirem Avis, onofhängeg vun der Impfpflicht, formuléiert hunn, wieren nach eng ganz Diskussioun wäert.

Ech limitéiere mech fir ofzeschleissen awer op déi Fro, déi nach am Raum steet. Et ass déi, ob d'Regierung dann elo en Text zur Impfpflicht soll aus schaffen, fir datt e schnell a Kraaft kann trieden, am Fall wou d'Impfpflicht sech am Hierscht oder am Wanter géif opdrängen, doduerch datt se am Géigesaz zu haut wëssenschaftlech a juristesche justifizéiert wier. Ech schwätze vum Worst-Case-Zenario, deem d'Experten an de Mëttelpunkt gestallt hunn.

Als Gréng beäntwertet mer déi Fro mat Jo, nom Motto: „Prepare the worst and hope for the best!“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Wëssenschaftler kënnen d'Politik ganz gutt beroden. An dat hu se mat grousssem Engagement gemaach. Et verdéngt eise grouse Merci. Am Fong entsprécht dëst Virgoen engem gesonde Verhältnis tëscht Politik a Wëssenschaft an deem Sënn, datt den Experte d'Politik einfach emol beréit. Nach ëmmer ass a bleift et awer un der Politik, hir Verantwortung ze iwwerhuelen an ze decidéieren, ob an awéiwäit se dem Rot vun den Experten an dësem ganz sensibelen Thema vun der Impfpflicht nokënnt.

Datt d'Politik d'Impfpflicht aus ganz ënnerschiddleche Perspektive muss kucken, aus méi Perspektive wéi d'Experten, an eng Decisioun muss huelen, déi net

nëmme wëssenschaftlech fundéiert ass, mee och juristesche a gesellschaftspolitesche d'Strooss hält, läit fir eis jiddefalls op der Hand.

Dat gesot, soen ech Iech Merci fir d'Opmierksamkeet a mir si ganz wëleg, deem Text dann och, wann e bis virläit, hei an der Chamber ze kucken a weider drun ze schaffen. Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir soen dem Här Staatsminister villmools Merci fir seng Erklärungen vu gëschter.

Am groussen Ganze fillt d'ADR sech duerch déi aktuell Positioun vun der Regierung confirméiert. D'ADR huet sech ni géint d'Impfung, awer ëmmer fir d'Fräiwëlle-gekeet vun der Impfung ausgeschwat. Eis Linn war ëmmer déi, fir d'Grondrechter vun de Leit ze schützen, eng kritesche Iwwermoraliséierung vun der Debatt ze kritiséieren an d'Noutwendegkeet an d'Proportionalitéit vun alle Moossnamen ze préiwen. Dat schéngt jo am Abléck wéinstens deelweis och d'Meenung vun der Regierung ze sinn. An awer gëllt et opzepassen.

D'Regierung weist hei, wéi séier si hir Meenung kann änneren. Si hat jo bis elo eng diametral aner Meenung vertrueden. Mir hunn hei och d'Vertreieder vu véier Parteien héieren, déi ganz eloquent duergestallt hunn, wéi ee seng Meenung kann änneren. Ech hunn de Kolleegen hir Riede matbruecht, déi se hei virun e puer Méint gehalen hunn. A wann nach ee sollt dorunner interesséiert sinn, da liesen ech hinnen dat ganz gär vir.

Déi Prozedur, déi eis elo proposéiert gëtt, ass net koscher. Wat heescht konkret en „informellen Depot“ vun engem Impfgesetz? De Projet de loi kann op déi Manéier schon extreem wäit virbereet ginn, soi-disant „informell“ bal esou wäit, datt e kann an d'Pleniéer kommen.

Den Här Staatsminister huet gesot, den Exposé des motifs, dee feelt. Mee deem ass a fënnf Minutte geschriwwen. A wann d'Majoritéit wëllt, gëtt esou e Projet an e puer Deeg duerchgeboxt. Eng éierlech an transparent Politik gesäit anescht aus! Mir wëssen net, wat d'Intentiounen vun der Regierung sinn an ënner wéi enge konkreten Émstänn aus engem informelle Projet e formelle Projet gëtt.

Mir wäeren do interesséiert un transparenten an objektive Krittäre fir ze soen: „Dann an da sinn d'Konditiounen erfüllt!“ Da wëssen d'Leit dobaussen och, ob et zu enger Impfpflicht kënn oder net. Dat ass am Abléck e bëssen nebuléis. An et gëtt vill Saachen, déi eis an der Argumentatioun vun der Regierung stéieren.

Fir d'éischt emol ass déi Alterskategorie iwuer 50 Joer arbitraire a si ass weening argumentéiert. Bis elo recommandéiert Lëtzebuerg en zweete Booster fir Persounen iwuer 70, d'Europäesch Unioun fir iwuer 60 Joer an aner Länner hunn aner Altersgrenzen. All déi Altersgrenzen si weening motivéiert a weening differenziéiert.

A wat fir eis besonnesch wichteg ass: Déi Leit iwuer 50 Joer si volljäreg an déi kënnen ganz gutt fir sech selwer decidéieren! Mir héieren hei: „D'Experte sollen dat kucken. D'Politiker sollen dat kucken.“ Mee dat ass eng Infantiliséierung vun deene Leit iwuer 50 Joer! Déi wësse ganz gutt fir sech selwer, ob se sech wëllen impfe loossen oder net.

Dat heiten ass e bëssen, wann ech wëll héiflech sinn, de Wee vun enger Altersdiskriminierung. A wann ech wëll e bësse manner héiflech sinn, soen ech: Et

ass eng Frechheet, déi Leit iwwer 50 Joer hei wëllen einfach vun uewen erof zu eppes ze zwängen, wat se eventuell fir sech net wëllen! An dann och nach soen: „Ma Dir musst Iech all puer Méint nach eng Kéier e Booster sprëtze loosse!“ Ma wie si mir, fir iwwert déi Kategorie vu Leit esou wëllen ze verfügen?

*(Brouhaha)*

Mir héieren och dacks vu ville Parteien hei dee Slogan: „My body, my choice.“ Mir hunn en nach viru Kuerzem héieren an engem Kontext, wou en net appropriéiert ass, well do d'Liewe vun enger drëtter Persoun a Fro gestallt gëtt. Mee hei ass et appropriéiert.

*(Interruption)*

„My body, my choice.“ Ma da gitt de Leit dach dat Recht, hiert Recht op kierperlech Integritéit, fir sech net engem anere mussen ze ënnerwerfen a fir sech selwer kënnen ze decidéieren, wat richteg ass!

D'Erferungen aus deenen anere Länner sinn eendeitig: Do, wou probéiert gouf, eng Impfflicht anzeféieren, huet se entweder net fonctionéiert oder se ass erëm zréckgego ginn. Mir haten e puer Länner elo hei héieren, et gëtt och nach aner Beispiller. Mee si ass néierens e Succès.

Also och wa se hei eng Kéier ageféiert gëtt, da gëtt hei nach nuancéiert zwëschen Impfwang an Impfflicht. Jo, wëllt Der d'Leit da wierklech bei den Dokter schleefen? Wat ass dat iwwerhaupt fir eng absurd Diskussioun? Natierlech, mir hu gesinn, datt d'Impfflicht a ville Länner net fonctionéiert, a fir iwwerhaupt vun engem Impfwang nach hei ze fabuléieren, dat geet jo wierklech scho ganz wäit!

Et gëtt keen Impfstoff am Abléck, deen deenen neien an zukünftigen – déi mer och nach net kennen – Covidvarianten ugepasst wär. Mir hunn nach Medikamenter, mir hunn nei Behandlungsmethoden. Dat heescht, och vum Medezinneschen hier presentéiert sech d'Situatioun haut anescht wéi fréier.

Awer mir musse kucken, en Impfstoff ass jo u sech eppes, wat soll virun enger Infektioun schützen. Mee déi Impfstoff, déi mer bis elo hunn, schützen net virun der Infektioun. Se schützen vläicht virun engem schwéiere Krankheitsverlaf, dat ass awer eppes anescht. Mee mir mussen eis ëmmer froen, wann een esou een Impfstoff huet, deen u sech net d'Infektioun prevenéiert, awer Niewewirkunge provozéiere kann, wou d'Laangzäitwirkung a Fro gestallt ass – déi héchstens e puer Méint ass, soss bräicht ee jo net all déi Boosteren –, da muss ee sech awer Froe stellen, ob dat proportionéiert ass.

Mir hunn an eiser Gesellschaft all vernünfteg Krittik fir eng Herdenimmunitéit erfëllt, erreicht, iwwerschratt souguer zum Deel. Och bei deenen iwwer 50-Järege si 86 % vun de Leit geimpft. Dat ass eng Herdenimmunitéit! Et gëtt Problemer, ech mengen, mir haten hei diskutéiert iwwert de Bremer Modell, et gëtt einfach Kategorië vu Leit, déi méi schwéier unzeschwätze sinn. Gutt, do kann een Efforte maache fir ze informéieren, awer net fir iergendwéi en Zwang auszeüben.

Mir hunn eng Regierung, wou an deene Rieden, déi bis elo gehale goufen, eigentlech, mengen ech, keen op d'Impfniewewirkungen agaangen ass, mee dat ass e reelle Problem. Wann Der mat villen Doktere schwätzt, soen déi Iech, datt se dee Problem, déi Problematik vun den Impfniewewirkungen an hirer Praxis als e reelle Problem gesinn. A mir mussen och de Leit – an dat sinn der ganz vill –, déi sech dorëm Suerge maachen, einfach dat Gefill ginn, datt mer dat eescht huelen.

Et muss Prozedure ginn, net bürokratesch Prozeduren! D'Doktere mussen net bestrooft ginn, wa se

eppes signaléieren, mee si brauchen do an hirer Nomenclature e Posten. Et muss einfach sinn, och vum bürokrateschen Opwand hier einfach, fir Impfniewewirkungen ze signaléieren, fir datt mer do méi Transparenz, méi Oppenheet, méi Éierlecheit hunn.

D'Argument vun der sektorieller Impfflicht am Fleegsektor ass och dowéinst zesummegebrach, well d'Experten haut dat soen, wat d'ADR nach ëmmer gesot huet.

*(Brouhaha)*

Impfung ass Selwerschutz, net Friemschutz. Liest eis Rieden no! Mir si keng Wendehalspolitiker wéi verschidden anerer hei am Haus. Impfung ass Selwerschutz, net Friemschutz! Och geimpft Persounen kënnen de Virus viruginn. Dat ass och en Argument, wat ee muss kucken, einfach eng Wourecht, wann et drëm geet, ob d'Leit sollen oppeleeën oder net oppeleeën, ob se selwer geimpft sinn oder net. Dat mécht u sech keen Ënnerschied.

Dat Argument vun der Iwwerbelaaschtung vun de Kliniken, wat ee jo och haut erëm hei héieren huet, wëlle mer och nach eng Kéier an de Kontext setzen. Ech erënneren un d'Proposition de loi vu mengem Kolleg Jeff Engelen, dee jo drop opmierksam gemaach huet, datt et u Klinikbetter feelt. Elo viru Kuerzem, am „Tageblatt“ vum 5. Juli, war en Artikel iwwert d'Carte sanitaire. An ech wëll just ee Saz doraus lesen: „Somit stehen in Luxemburg pro 1.000 Einwohner 3,2 Betten zur Verfügung. In Deutschland liegt die Ratio bei 6, in Belgien bei 5.“ Bei eis 3,2. An da gëtt eis erzielt vun der Iwwerbelaaschtung an de d'Kliniken.

Ma hei hu mer d'Konsequenz vun enger LSAP-Gesondheitspolitik, déi iwwer Joerzénge net kapabel war, fir eis Kliniken op deem Niveau ze bréngen, datt sech de Problem vun Iwwerbelaaschtung net ka presentéieren. Et ass einfach e Versoe vun der Politik!

*(Brouhaha)*

Mir wëllen net, datt d'Bierger, mir wëllen net, datt d'Bierger herno d'Rechnung bezuelen ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Nennt emol e Land op der Welt, wou et dat gëtt! Wat Dir hei fir e Quatsch zielt!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... fir d'Versoe vun der sozialistescher, ideologescher Gesondheitspolitik.

*(Brouhaha)*

Et gëtt nei, et gëtt nei Geforen, ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... op déi mer mussen oppassen, och op internationalem Niveau, an ech wëll Iech der e puer nennen.

Déi Kris, d'Covidkris, wéi och anerer, féiere verschidden international Organisatiounen, och d'Europäesche Unioun, derzou fir ze probéieren, méi Kompetenzen op sech ze zéien. Dat ass dann d'Europäesch Gesondheitsunioun. Mir erënneren drun: D'EU huet u sech keng Kompetenz an deem Beräich, ganz weening, e bësse Koordination. An dat soll och esou bleiwen!

Mir mengen, datt d'Gesondheitspolitik prinzipiell muss national bleiwen, datt een awer natierlech ka verschidde Saachen, do wou et néideg a sënnavoll ass, och zesumme maachen. Awer mir wëlle keng prinzipiell Kompetenzverlagerung un anerer, och net un d'WHO, och net un d'EU!

Mir hätte gär, datt de Pass sanitaire als Reesdokument nees ofgeschafft gëtt. Mir haten hei viru Kuerzem driwwer geschwat. Mir haten deen agefouert an der Covidkris. Mir wëllen niewent dem Pass an der Carte d'identité keng gesondheitsbezunnen dauerhaft Reesdokumenter aféieren. Dat hate mer virun der Covidkris. A mir wëllen dee System nees lassginn.

Mir warne viru liberticiden Tendenzen, och an der Europäescher Unioun. De 27. Abrëll huet d'Kommission eng Publikatioun gemaach, wou drasteet, si géifen elo konsequent virgoe géint Feel- an Desinformatioun zu Impfstoffen. Jo, wat heescht dat konkret? Wann een déi Impfstoffe kritiséiert – an et gëtt jo ganz vill Leit, och Dokteren, Experten, international reputéiert Leit, déi do hir Zweifel hunn –, ass dat dann elo eng Feelinformatioun, eng falsch Informatioun, déi elo muss duerch Gesetz repriméiert ginn? Alt nees eng Kéier erkenne mer hei de Scheema vun där liberticider Approche, déi an eiser Gesellschaft leider ëmmer méi ëm sech gräift.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | A sech an de Fraen hire Choix améschen!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mir hätte gär en d'Opaarbechtung vun deem, wat heiheem an deene leschte Jore geschitt ass. An ech wëll Iech just do e puer Saachen nennen, och fir déi Leit, déi den Ënnerschied maachen zwëschen Impfdrock, Impfwang, Impfflicht an esou weider. Wat war den 2G op der Aarbechtsplaz dann anescht wéi eng Impfflicht, en Impfwang fir sozial schwach Leit? Et war dach näischt anescht!

**M. Roy Reding** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Wann s de muss bezuelen, fir därfe schaffen ze goen, dat war dach Impfwang!

A mir hätte gär, datt mol all déi Saachen opgeschafft ginn, datt mol do gekuckt gëtt, och d'Repressioun, de Confinement vun enger Demonstratioun, wou keng rechtlech Basis am Policegesetz derfir do war.

Mir wëllen, datt mol gekuckt gëtt, wéi et da war mat der Liberté de commerce. Ass et dann normal, datt déi kleng Geschäfte mussen zoumaachen an déi grouss sollen ofhalen oder mussen oploossen oder därfe oploossen?

Wéi absurd war de Couvre-feu, wann een därfe ee Kilometer mam Hond spadséiere goen?

Wéi war et mat der Effikassitéit vun de Moosnamen, och an de Kliniken? Wat war dann de medezinnesche Schued? Doriwwer gëtt och ni geschwat. Wann Operatiounen hu missen ofgesot ginn, normal Ënnersichungen hu missen ofgesot ginn an do ganz Servicer ënnerbeluecht waren, well natierlech op där anerer Säit awer eng Covidproblematik bestanen huet.

Mee et muss een e Bilan maachen, och an der medezinnescher Approche an enger Pandemie, datt een net op där enger Säit ganz vill Schued mécht, fir op där anerer Säit eng Plus-value ze kréien. Dat muss een ofweien. Genauso wéi de Lockdown muss iwwerpréift ginn! Net fir elo Leit do Feelverhale virzehalen, mee fir datt mer d'Feeler net nach eng Kéier an der Zukunft widerhuelen.

Ech mengen, mir musse léieren aus deem, wat geschitt ass, an en neutralen Audit ass néideg. An anere Länner ass dat scho gemaach ginn ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... oder et gëtt gemaach. An dat soll gemaach ginn. Dat soll gemaach ginn!

*(Interruption par M. Xavier Bettel)*

Jo, jo, mir kucken dat, Här Staatsminister. Op jidde Fall, et ass eng Fuerderung vun der ADR. Wann Der drop agitt, da freeë mer eis.

A fir d'Zukunft hätte mir gär eng méi resilient Gesellschaft. Mir hätte gär eng resilient Gesellschaft. Mir hate schonn e puermol gesot a Motiounen hei abruecht, déi allerdéngs verworf goufen, datt mer gär Reserven hätten, och strateegesch Reserven. An



déi aktuell Kris an der Ukrain weist eis jo, wéi néideg dat ass, zum Beispill am Energieberäich, awer net nëmmen do.

Mir hätte gär e Pandemiegesetz. Mir hätte gär eierlech Statistiken an dat ass zum Beispill och an de Radioen, och déi Dramatisierung, wann all Dag do Statistike gesot ginn, wou een net erausfënnt, ob déi Leit dann elo mat oder um Covid gestuerwe sinn, wat e groussen Ennerscheid ass. Och do muss een emol e bëssen ofrëschten.

Mir hätte natierlech gär, dass d'Leit weider informéiert ginn iwwer de Covid, iwwer d'Prevention, alles wat néideg ass. Awer eist Zil ass et, eng Politik ze maachen ouni Angscht, ouni Drock a vum géigesäitege Respekt an der Gesellschaft, vu Geimpften an Netgeimpften, dass déi Feindbiller, déi hei opgebaut goufen an deene leschte Joren, erëm ofgeschaaft ginn an datt mer zu engem friddlechen an tolerante Matenee fannen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An nächsten age-schriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här Präsident. Jo, d'Covidpandemie ass net eriwuer. D'Zuele sinn effektiv grad héich, wéi den Här Bettel et och gëschter ugedeit huet. Mee Gott sei Dank sinn effektiv déi mannste vill krank.

Mir wëssen awer net, wéi et weidergeet. An deem Sënn huet sech näischt, mee guer näischt geännert zënter der leschter Debatt a mir mussen immens vigilant bleiwen.

Mir begreifen natierlech ganz ausdrécklech, dass d'Impflicht elo net kënnt. D'Regierung schéngt e bësse Recul geholl ze hunn an ech denke virun allem un de Premierminister, dee jo bekannterweis dee war, dee fir dës Moossnam gepusht hat.

Ech rekapituléiere seng Argumenter vu gëschter hei dann, fir d'Impflicht dann elo awer net ze stëmmen. Dat sinn dann op där enger Säit déi dräi Konditiounen, déi net kënnen erfëllt ginn am Moment, also d'Virulence vum Variant, d'Effikassitéit vum Vaccin an den Impftaux vum 100 %, dee schwéier ze erreechen ass, zweetens nei Traitementen, drëtzens nei Donnéeën, déi mer elo hu säit dem leschte Wanter, a véiertens déi siwen Zenarioen, vun deene just een eeben u sech eng Impflicht justifiéiert, a fënneftens d'Proportionalitéit. Dat sinn déi Argumenter, déi ech mer gëschter opgeschriwwen hunn, fir déi Entscheidung hei elo ze huelen.

Ech ginn op déi verschidde Punkten an. Zum Punkt 1, déi dräi Konditiounen, déi schwéier ze erfëlle sinn. Ech rekapituléieren nach eng Kéier: de Variant, deem seng Propriétéiten een net kennt, zweetens e Vaccin, deem seng Effikassitéit een net kennt, an en Impftaux vum 100 %, deen onrealistes schéngt.

Erlaabt mer, aus menger Ried vum Mäerz ze zitieren. D'Zitat fänkt un: „Et ass awer esou, dass haut nach ganz vill Froen onkloer sinn. D'Experte soe jo, dass, wann d'Impflicht géif kommen, kéim se ze spët fir den Omikron. Wann dat esou ass, da stelle sech jo extreem vill Froen: Wéi ee Variant kennt duerno? Wéi ee Vaccin? Wéi ass d'Effikassitéit vum Vaccin op dee Variant duerno? Wéi dacks muss geimpft ginn a geboostert ginn? Wéi een Taux muss erreechen? All déi Froen sinn op.“ Zitat eriwuer. Dat war am Mäerz.

Deemools war dat alles scho gewosst respektiv eeben net gewosst. Et huet ee just missen e bësse Recul huelen. Déi dräi Konditiounen, déi elo fir Iech net erfëllt sinn, dat war deemools scho kloer, dass een elo respektiv am Mee oder am Juni – well déi ganz Debatt sollt jo éischter kommen, well d'Impfcampagne sollt jo dann ufänken – net wéisst, wéi ee Variant am Hierscht do wier, wéi deem seng Propriétéiten wier, wéi ee Vaccin do wier, wéi deem seng Effikassitéit wier an dass deen Impftaux net realistesch wier. Alles dat war deemools scho gewosst!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Zu Ärem Argument vun deem onrealisteschen Impftaux vum 100 %. Genee dat hunn ech am Mäerz hei ugeschwat. An ech zitieren, d'Zitat fänkt un: „Ugeschwat op d'Zil, dat si“, an domat mengen ech d'Experten, well déi hate mer jo an der Kommissioun gesinn, „wëlle mat der Impflicht erreechen, krute mer an der Kommissioun am Mäerz gesot, Zitat: „100 % bei den iwwer 50-Järege a Vulnerabelen“. Ma ech froe mech: Wat bréngt esou een onrealistescht Zil?“ Zitat eriwuer. Och dat war am Mäerz an och dat war deemools scho gewosst, dass et onrealistesch wier.

Zweite Punkt, zu den Traitementen. Dir sot, et ginn elo nei Traitementen. Déi sinn awer schon am Mäerz komm an op jidde Fall wousste mer deemools scho bei der Impflichtdebatt, dass nei Medikamenter géife kommen an och nei Impfstoffen. An och dat hu mer laang a breet hei diskutéiert a QPen driwwer gestallt.

Am Mäerz hunn ech vun deem neien Element Medikamenter geschwat. Ech zitieren: „Et gëllt elo mol fir d'éischt ofzewarten an ze kucken, wat den Impakt vun de Medikamenter ass, eier mer esou eng drastesch Mesure wéi d'Impflicht huelen.“ Zitat eriwuer.

Drëtter Punkt. Dir sot elo, et ginn nei Donnéeën tëscht dem Wanter an elo. Natierlech ginn et nei Donnéeën, mee ech froe mech, awéiwäit déi relevant sinn, fir dës nei Entscheidung, déi Der elo geholl hutt, ze motivieren.

Déi Elementer, déi Dir eis genannt hutt an déi ech och elo virdru genannt hunn, wousste mer zum groussen Deel schon. An dovun ofgesinn, sot Dir gëschter, Zitat vu gëschter: „Haut hu mer Donnéeën zu Omikron.“ An haut wësse mer, dass null, also keng Persoun op de Soins-intensiv läit. „Mee d'Impflicht ass dach net fir elo, mee fir den Hierscht“, krute mer déi ganzen Zäite gesot. An dat, wat haut gëllt, gëllt net onbedéngt fir den Hierscht. Dat ass jo grad de ganze Problem, dass déi Donnéeën vun haut ee ben net dat kënnen motivieren, wat mer am Hierscht wëlle maachen.

Véierter Punkt, d'Zenarioen. Nëmme dee schlëmmsten, also ee vu siwen Zenarioen, géif justifiéieren, dass mer eng Impflicht elo géifen decidieren. Och do bestätegt Dir eis Viraussicht, wéi mir am Februar scho gesot hunn, dass een eng Impflicht net op Basis vun enger Hypothees, also dem Worst-Case-Zenario, kann decidieren.

Ech hunn d'lescht Woch no der Kommissioun mat den Experten genee dat gesot. Déi Konditiounen, déi dräi Konditiounen, déi si sech selwer gi fir eng Impflicht – a si kënnen selwer net garantieren, dass déi erfëllt sinn –, an zwar d'Virulence vum Variant, d'Effikassitéit vum Vaccin an eeben och den Impftaux, kënnen si net chiffrieren. Si kënnen d'Warscheinlechkeet vum Worst-Case-Zenario net chiffrieren. Dat hu mer nämlech och nogefrot, ech an och den Här Marc Hansen haten dat nogefrot. Dat ass eng reng Hypothees an d'Probabilitéit kënnen si net aschätzen. Dat hu si eis och esou gesot.

Awer et muss een och kloer soen, dass d'Experten och no hirem leschten, deem zweeten Avis hei d'Impflicht fir iwwer 50 Joer recommandiert hunn. Hei gëtt elo e bësschen esou gemaach, wéi wa si dat elo net méi esou kloer géife recommandieren. Si hunn dat awer ganz kloer recommandiert. Obwuel nëmme ee vu siwe Fäll dat u sech justifiéiert, hu si et awer kloer recommandiert. Dat muss ee soen, do ware si trotzdeem net manner kloer an hire Proposen. Also et ass net, wéi wann hir Proposen elo manner kloer wieren a wéi wann Dir dowéinst Är Meinung geännert hätt.

Fënnefte Punkt: D'Proportionalitéit ass net ginn. Au vu vun all deenen onkloeren Donnéeën – d'Propriétéiten vum Variant wësse mer net, d'Effikassitéit vum Vaccin, den Impftaux an esou virun, all dat wësse mer net – ass d'Proportionalitéit vun dëser Moossnam net ginn. Dat ass ganz richtig.

Och do zitieren ech aus enger vu menge ville Rieden am Ufank vum Joer, wou ech versicht hunn, dat ze erklären. D'Zitat fänkt un: „Wa mer net wëssen, wéi ee Resultat“, den Impftaux enner anerem, „oder, anescht ausgedréckt, wéi eng Avantage mer kënnen dovunner erwaarden, da kënnen mer och net soen, ob d'Moossnam proportional ass. Dat muss ee jo kënnen moossen. Dat kënnen mer awer net. Dee Kritter vun der Proportionalitéit ass also net ginn.“ Zitat eriwuer.

Dat war et zu deene fënnef Punkten, déi Dir da gëschter als Argumenter uginn hutt, wou mir op jidde Fall esou alleguerte quasi scho virun engem hallwe Joer genannt hunn. Bon, elo gesi mer dann, dass och aner Acteuren hei ëmgefall sinn. Zu menger rietser Säit notament, do ware ganz vill Leit fir d'Impflicht, souguer fir méi eng breet Impflicht, mee elo héieren ech, wou keng direkt Gefor méi do ass, sinn och si net méi fir d'Impflicht. Mee et war dach ëmmer kloer, dass d'Impflicht net fir elo ass, mee fir eng Projektion vum Hierscht.

An dofir geet et net duer, d'Impflicht als Gesetz prett ze hu fir den Hierscht. Well mir wësse jo, mir brauchen déi dräi, véier Méint, fir d'Impflicht ze preparieren. Dat ass jo dat, wat d'Experte permanent gesot hunn. An dofir muss ee se eeben am Virus preparieren an et geet net duer, wéi d'CSV et elo op eemol seet, se prett ze hunn am Hierscht. Well u sech, wa se se wierklech wëilten, da misste se se elo stëmmen, mee dat ass jo dann elo net méi de Fall. A si soen, dass elo keng direkt Gefor méi do ass, mee dat ass am Endeffekt keen Argument. Dat hu mer jo ëmmer gesot kritt, dass et net d'Donnéeën sinn, déi ausschlaggebend sinn.

Zum Pandemiegesetz. Do ginn ech der CSV ganz Recht, och do fuerdere mer effektiv, dass eppes kënnt. Och dat hu mir schon e puermol gesot.

Dann zu menger Konklusioun. Ech mengen, mir stelle fest, dass et hei en enormen Hin an Hier gouf. Et kann een nëmme soen, dass dat extreem problematesch ass, well trotzdeem awer och e Vertrauensverloscht do ass an der Bevëlkerung, wann een esou een Hin an Hier fäerdegbréngt.

Eng Kéier net fir d'Impflicht, dann erëm derfir, dann erëm net méi derfir. Bon, ech gesinn do en immense Risiko, dass d'Politik och net méi eescht geholl gëtt. Natierlech sinn ech dat Éischt, dat seet, et muss ee seng Meinung kënnen änneren. Dat ass iwwerhaupt net de Problem. De Problem ass deen, dass den Här Premierminister sech fir eppes ausgedréckt huet, fir eppes staark gemaach huet a fir eppes gedréckt huet, wat net duerchduecht war. Et war net duerchduecht. An Dir hutt gemaach, wéi wa se alternativlos wier. Dat waren Är Wieder, Här Premierminister.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Ech schwätze just fäerdeg. An Dir hutt des Weideren zu eis gesot an Ärer Deklaratioun virun der Impfflicht-debatt, mir sollen, Zitat vun Iech, „nëmme keng Excusé sichen, fir Argumenter ze fannen, fir d'Impfflicht net ze stëmmen“.

**Une voix** | Très bien!

**Une autre voix** | Ganz gutt!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Den Här Premierminister huet uklénge gelooss, méi wéi eemol, dass déi Impfflicht schonn entscheet wier. Ech erënnere nach eemol un d'Wieder „alternativlos“, „keng Excusé sichen, fir Argumenter ze fannen, fir d'Impfflicht net ze stëmmen“ a „mir suivéieren den Avis vun den Experten“. Dir hutt Iech immens wäit aus der Fënster geluecht, Här Premierminister, an elo musst Der zréckrudderen a maachen, wéi wann alles nei wier. Mee ech hunn Iech elo just gewisen, dass net alles nei ass an dass ganz vill Leit dat scho virun e puer Méint gesot hunn.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Ech fannen dat Ganzt mangelt immens u Respekt virun der Chamber, virun den Experten, virun den Awunner an Awunnerinnen a virun allem och virun Äre Ministerkollegen a virun allem virun der Gesondheitsministesch, déi sech vill méi zréckgehalen huet mat hiren Äusserungen!

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, anescht wéi d'Experten et recommandéiert hunn, wäert dës Summer keng Impfflicht fir Persounen iwwer 50 Joer kommen.

Dat ass also elo déi iwwerraschend Positioun vun der Regierung, déi virun der Publikatioun vun de Recommendationen nach gesot hat, dass se grad deen Expertenavis wëllt consideréieren an op dee wëllt waarden, fir dann deen ze suivéieren an dat als Entscheidungsgrondlag ze huelen. U sech kéint een haut der Regierung oder zumindest dem Staatsminister eng Goldmedail am Zréckrudderen offréieren.

(Interruption)

Well genau dat ass hei geschitt: Am Januar dat Eent als alternativlos proklaméiert an haut genau dat nämmelech, jo, erëm ofgemellt, kéint ee bal soen.

Haaptgrond, fir elo awer keng Impfflicht anzeféieren, ass der Regierung no d'Onsécherheet, déi mam Virus a senge ville Variante verbonnen ass, an e rezenten – et muss rezent sinn – Zweifel dorunner, ob eng Impfflicht iwwerhaapt eppes géif bewierken.

Mir wëssen haut net, wéi enger Variant a wéi engen héijen Infektionszuele mer am Hierscht, am Wanter géint iwwerstoe wäerten. Wéi solle mer do wëssen, ob eng Impfflicht néideg an domat gerechtfertegt ass? A kann ee wierklech dovunner ausgoen, dass Persounen, déi méi Angscht virun der Impfung wéi virum Virus hunn, sech fräiwëlleg wäerten impfen, wann et bis eng Impfflicht gëtt? Alles eigentlech keng nei Froen, mee iergendwéi hu se entre-temps bei der Regierung eng nei Gewichtung kritt.

Fir eis waren dës Froen awer schonn ëmmer zentral an duerfir ware mer och am Wanter schonns géint eng Impfflicht. Mir haten d'Fro vun der Impfflicht deemools bekannterweis och eise Memberen zum

Vott virgeluecht. An och do huet sech eng kloer Majoritéit géint eng Impfflicht ausgeschwat. Elo am Summer bleiwe mer also bei eiser Positioun, an zwar net, well mer mengen, d'Impfung wär onnëtz, mee well mer net mengen, dass een den Impftaux mat enger Impfflicht an d'Luucht dreie kann.

D'Erfahrungen aus dem Ausland weisen, dass Mënschen, déi sech net wëlle géint de Covid impfe loosse, sech majoritär och net dann impfen, wann eng Impfflicht agefouert gëtt. An et gi souguer Etüden, déi sech mat enger Impfflicht géint d'Riedele beschäftegt hunn, déi weisen, dass Mënschen den Impfstoff, wann en obligatoresch ass, éischter ofleenen an éischter fir geféierlech halen, wéi wann d'Impfung fräiwëlleg ass. D'Vertrauen an d'Institutionen!

Dat ass sécher net dat, wat ee sech als Gesetzgeber vun enger Impfflicht géif erhoffen. De Premier hat also Recht, wéi e gëschter sot, dass eng Impfflicht just dann en Erfolleg ka sinn, wa se vun enger breeder Majoritéit vun der Bevëlkerung gedroe gëtt, dass heescht, wann e gesellschaftleche Konsens besteet, dass ee sech soll impfen, well sech da jo souwisou jidderee fräiwëlleg wäert impfen. Da stellt sech eebe just d'Fro, firwat een dann iwwerhaapt nach eng Impfflicht brauch, wann d'Leit sech jo grad fräiwëlleg impfen, well et jo e Konsens gëtt.

Dir gesitt, dass geet hei e bëssen am Krees. De Problem vun der Impfflicht ass also deen: Wa vill Leit sech net wëllen impfe loosse, schéngt eng Impfflicht zwar sënnvoll ze sinn, mee d'Praxis weist, dass se den Impftaux awer net hieft, well d'Leit léiwel d'Strofen akzeptéieren wéi eng Impfung ze kréien, där se net trauen. A wa vill Leit sech wëllen impfe loosse, majo, da brauch et keng Pflicht. D'Impfflicht ass an deem engen Zenario also wirkungslos an an deem aneren onnéideg.

Eng Impfflicht schéngt also a kengem Fall zilféierend ze sinn, an dat werft elo natierlech Froen op, wann et drëms geet, eeben déi Texter ze preparéieren fir eng eventuell Impfflicht fir de Wanter.

Prinzipiell ass et jo net schlecht, virbereet ze sinn. An dofir hätte mer sécher näischt dergéint, wann d'Regierung schonns Texter géif preparéieren. Et wonnert mech dann hei awer erëm, dass dat nach ëmmer net gemaach gouf. Mir kruten ursprénglech gesot, am Abrëll wäeren d'Texter do. Ech hunn eng Kéier rezent op de Kalenner gekuckt ...

(Interruption)

Här Bausch, „Jo, se sinn do.“ Mir kréien allkéiers vun der Regierung gesot: „D'Texter sinn do, d'Texter sinn do.“ Dës Chamber als Legislatuer huet déi Texter nach net gesinn an dat net am Abrëll, net am Mee, net am Juni, net am Juli bis elo. An domadder sinn d'Texter fir d'Chamber net do. Se sinn net vun der Regierung deposéiert. An deementspriedend kënne mer net op engem konkreeten Text diskutéieren. Mir diskutéieren ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Clement, erlaabt Der, dass den Här Bausch Iech eng Fro stellt?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, e ka mer gären eng Fro stellen.

**M. François Bausch**, Vice-Premier Ministre | Här Clement, Dir sidd jo genau wéi mir der Meenung, dass, wann een e Gesetzesprojet wëllt deposéieren, da muss een en Exposé des motifs schreife, wou ee jo dra justifiéiert, wat een an den Artikele wëllt maachen. Or, hei wär d'Justifikatioun jo d'Proportionalitéit, ob d'Impfflicht gerechtfertegt wär oder net. A mee natierlech hu mer och missen den Avis vun den Experten ofwaarden an d'Situatioun analyséieren fir ze kucken, wat mer an den Exposé des motifs draschreiwene.

Also den Text ass fäerdeg, d'Madamm Tanson huet dee ganz fäerdeg. An e Freideg, wäert Der emol gesinn, wäert en ugeholl ginn an da gëtt en ... informell kritt Der en och ze gesinn. Dat heescht, wann Der en e Freideg dann oder d'nächst Woch informell ze gesi kritt, da musst Der jo och wëssen an och verstoen an do kënnt Der Iech jo denken, dass mer scho méi laang dru geschafft hunn, soss wär dat net méiglech.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, ech hu jo gären dem François Bausch d'Méiglechkeet ginn, eng Fro ze stellen. Ech hu just hei keng Fro héieren.

**M. François Bausch**, Vice-Premier Ministre | Sidd Dir der Meenung, dass een en Exposé des motifs ka schreiwene, nëmmen op Basis vu seriösen Donnéeën an Daten, déi een huet? Well dat ass jo d'Justifikatioun, fir dass een herno am Artikel dra schreift, dass een d'Impfflicht eventuell géif aféieren.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Also ech sinn der Meenung, dass de Premierminister am Januar oder am Februar e ganz kloren Exposé des motifs ginn huet fir d'Positioun, déi hien deemools hei op der Tribün ageholl huet. Wann d'Regierung nach ëmmer géif zu deem stoen, wat de Premier am Fréijoer gesot huet, dann hätt se dat an den Exposé des motifs kënne schreiwene an och hei schonn deposéieren kënnen.

Datt sech natierlech elo dem Premier seng Meenung vu Februar bis Juli esou ëm 180 Grad gedréint huet, dass ass awer elo net der Chamber hire Feeler gewiescht. Dat heescht, Dir hätt deen Text scho kënne am Abrëll deponéieren.

Bon, ech hu just gemierkt, meng Zäit ass weidergelaf, während den Här Bausch geschwat huet.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech hunn dat gemierkt ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Gutt.

**M. Fernand Etgen**, Président | ... an notéiert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Wann dësen Hierscht a Wanter also géif eng ganz schlëmm Covidwell kommen, wou ganz vill Leit a kuerzer Zäit erëm ganz schlëmm krank géife ginn, dann ass unzehuelen, dass d'Leit sech och erëm impfen a boostere wëllt loosse.

Dee Problem hate mer nämlech schonn eng Kéier, nämlech am Ufank vun der Pandemie. Wéi d'Impfstoffer do waren, hate mer Impfdrängler, e Problem, dee mer matten an der Pandemie haten a mat de ganzen Impfverweigerer e bëssen a Vergessenheet geroden ass. Mee wann d'Situatioun net gutt ass, da wëllen d'Leit sech normalerweis och schützen. An deem Fall bräichte mer also keng Impfflicht, well d'Impfbereitschaft héich wäert sinn. Dat ass e bëssen ... Ech schreiw quasi den Exposé des motifs.

A wann d'Situatioun net esou eescht ass a wa kee schlëmm Variant am Wanter zirkuléiert, da stagnéiert den Impftaux zwar vläicht, mee dann ass dat och an der Rei.

Do stellt sech also d'Fro, op wéi een Zenario sech mat den Texter zur Impfflicht iwwerhaapt nach virbereet gëtt. Eng Situatioun, an där Mënsche sech einfach net impfe wëllen, obwuel se alleguerde ganz schrecklech krank ginn, an awer och net esou staark géint d'Impfung sinn, dass se sech vun engem Gesetz géifen iwwerzeege loosse? Ech ka mer deen Zenario iergendwéi net virstellen.

Ech verstinn all d'Experten an d'Dokteren, déi eng Impfflicht recommandéieren. Weltwäit weisen d'Etüden, dass d'Impfen hëlleft. D'Iwwerleeung schéngt also ganz einfach ze sinn, reng wëssenschaftlech: a) Wann impfen hëlleft, da b) impfe mer einfach



jiddwereen an c) de Problem ass geléist. An dat geet jo am beschte mat enger Pflicht, well da muss jo jidderee senger Pflicht nokommen. Et schéngt also ganz logesch ze sinn, ganz einfach, vum medezinneschen Expertestandpunkt evident: Impfen hëlleft, a wa méi Leit geimpft sinn, wat besser. Dofir impfe mer jiddweree mat enger Pflicht.

Bon. D'Psychologie vun de Mënschen ass awer e bëssen anescht an déi mécht dann och e Stréch duerch d'Rechnung, well et kënn eeben, och wann et e Gesetz gëtt, net jiddereen enger Pflicht no. Soss géif et kee ginn, deen ze séier firt, keen, dee mam Handy um Steier firt, an et géifen och eng ganz Rëtsch aner Contraventioune net ginn. Et géif och zum Beispill kee Mord ginn, wa jiddweree sech géif un d'Gesetz halen.

Mee ganz am Contraire géifen hei souguer Trotzreaktiounen entstoe vu Leit, déi haut schonn eng Impfung refuséieren, déi dat dann net méi als perséinleche Choix géife gesinn, mee als politesche Statement.

Mir Piraten denken dofir, datt een hei weider op d'Sensibiliséierung sollt setzen, well dat deen eenzege Wee ass, d'Persounen, déi am Moment zécken, ze iwwerzeegen an net mat gesetzlechem Drock ganz ze verléieren.

An deem Kontext hunn ech et ganz interessant fonnt, wéi vun den Experte während der Presentatioun vun hirem Rapport ugeschwat ginn ass, datt jo prinzipiell och all déi Leit, déi haut weinst hirem Alter als vulnerabel gëllen an nach net geimpft sinn, en Hausdokter hunn, dee se zanter dem Ufank vun der Pandemie warscheinlech schonn e puermol gesinn hunn. Krut hiren Dokter se also net iwwerzeegt? Oder huet e vläicht näischt gesot?

Ech mengen, datt d'Hausdokteren eng wichteg Vertrauenspersoun duerstellen an hei en zentrale Punkt ass, wou d'Sensibiliséierungsaarbecht muss usetzen. Hei kéint d'Regierung gemeinsam mat Hausdokteren an eventuell och mat Psychologen nach Pisten ausschaffen, wéi eng Doktesch oder en Dokter am beschte sollt op de Patient duergoen, deen eigentlech e grouse Risk huet a sech awer net impfe wëllt loosse. Et geet em d'Sensibiliséierung.

An da vläicht e leschte Punkt – an da kommen ech och gläich zum Schluss – ass, datt, wann ee mat Wëssenschaftler zesummeschafft, een net kann dervun ausgoen, datt déi Aarbecht gratis ass. Well eppes muss kloer sinn: All d'Experten an d'Wëssenschaftler, déi un esou engem Projet bedeelegt sinn, ob et Psychologe sinn, ob et Hausdoktere si fir eng Sensibiliséierungscampagne oder ob et d'Experte vun engem Avis sinn, missten och fir hir Aarbecht entlount ginn.

Datt den Expertegremium vun der Regierung fir säin Avis keng Entschiedegung erhalen huet, huet, mengen ech, ganz vill Leit einfach emol iwwerrascht.

Mee et ass an der Wëssenschaft jo üblech, datt d'Leit schlecht oder net bezuelt ginn. Natierlech ass et wichteg, datt d'Wëssenschaftlerinnen an d'Wëssenschaftler onofhängeg kënnen schaffen. An do ass et natierlech ni gutt, wann et eng finanziell Ofhängegkeet géif ginn. An awer, wann een eng Etüd an Opdrag gëtt, da soll een och dofir bezuelen, well et ka jo net heeschen, datt Dokteren a Wëssenschaftler elo just nach gratis hir Aarbecht ubidden. Ech mengen, datt een hei hätt kënnen besser Léisunge fannen.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegeen, ech kommen zum Schluss. Mir Piraten waren am Wanter géint eng Impfpflicht a mir sinn et och haut nach. Nee, net wëll mer mengen, datt Impfen näischt bréngt, mee well eng Pflicht eis net weiderbréngt. Amplaz géife mer weider op Sensibiliséierung setzen anstatt op

Bestrofungen an natierlech d'Aarbecht mat Wëssenschaftler an Experten op Regierungsniveau weiderféieren – mee just, wann dës och fair entlount ginn!

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Erlaabt Der, datt den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, den Här Kersch ka mer och eng Fro stellen. Also eng Fro, wuelgemierkt, kee Statement.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här Clement, wann ech dat elo richteg verstanen hunn, wat Der gesot hutt, da sinn ech der Meinung, dass och Dir zumindest misst eng Medail kréien, vläicht dann an engem duebele Ruderboot. Well wann ech mech richteg erënneren, hat Der an engem Zeitungsartikel gesot, Dir wäert ëmmer fir d'Impfpflicht gewiescht, mee Dir hätt eng Ëmfro gemaach bei Äre Memberen an déi wär negativ gewiescht an duerfir hätt Dir Är Meinung geännert.

*(Exclamations et hilarité)*

Ass dat esou? Oder hunn ech dat falsch gelies?

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Wuert geet zréck un den Här Clement.

**Une voix** | Den Här Kersch huet bestëmmt Quellen.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Selbstverständlech.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ben, ech mengen, et war an där nämmelecher Zeitung, déi den Här Bettel gëschter hei op der Tribün zerrappt huet weinst der Gréisst vu Fotoen oder esou.

*(Exclamations et hilarité)*

Loosst mech awer vläicht op dem Här Kersch seng ganz ... Nee, datt ass eng ganz pertinent Fro. Ech si perséinlech tatsächlech eng laang Zäit der Meinung gewiescht, datt Impfflichten an anere Kontexter tatsächlech sennvoll kéinte sinn. Ech hunn do un d'Riedele geduecht.

Ech hunn awer och duerch rezent – bon, dat war awer och schonn am Januar de Fall – Etüde gesinn, datt dat eeben net ëmmer zu deem gewënschten Zil féiert. An ech mengen, ech hunn dat a menger Ried elo grad developpéiert, datt et eebe grad net zum gewënschten Zil féiert. An deementspreechend soll een näischt stëmmen, wat net zu deem Zil féiert, dat ee wëllt, a wat net proportionell ass. Dat hu mer am Januar gesot an dat soen ech och haut nach!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dir gitt mer Recht ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

#### *Prises de position du Gouvernement*

**Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | Merci, Här President. Ech begrëissen, dass mer eis wäitgeend eens sinn, dass zu dësem Zäitpunkt dat Zilféierend, wat ee misst hunn, net ginn ass par rapport zu enger Impfpflicht, eeben aus genannte Grënn, dass een net kann dovunner ausgoen, dass 100 % deem wäerten nokommen. Och do gëtt et Erkenntnisser an et gesäit een haut réckbléckend, dass et do, wou zu engem fréien Zäitpunkt esou eng Impfpflicht ageféiert ginn ass, eebe justement och net deen Impakt hat, deen ee sech eventuell hätt kënnen erwaarden. Dat sinn esou gesinn natierlech nei Erkenntnisser. Iwwer Rudderden debattéieren ech hei net. Ech mengen, dat ass net de Sujet.

Ech géif gären op e puer Punkten agoen. D'Pandemiegesetz gëtt ëmmer erëm ugeschwat. Ech géif gären drop hiweisen, dass mer e Gesetz hunn, wat ganz ausféierlech ass an de Ramebedéngungen, déi et brauch, fir eng Pandemie ze geréieren, dass mer och schonn e puermol, wou mer eis wollten e bësselche méi Spillraum ginn um Niveau vun der Exekutiv, eigentlech ëmmer u legislativ Hürde gestouss si mat der Interpretatioun vun der Matière réservée à la loi an dass mer u sech – ech hat et och an der Kommission schonn e puermol erwänt – gären deelhuele un enger Evaluatioun, déi gemaach gëtt vun der Weltgesundheitsorganisatioun.

Mir sinn do bei deenen éischte Länner, déi dat wäerte matmaachen, wou mer eng extern Joint Evaluatioun maache vun eise Kontexter, fir eeben, wa mer eis e Pandemiegesetz ginn, och aus den Erfarunge vun deenen anere Länner ze léieren.

Am Moment hu mer e Kadergesetz. Et steet absolutt net zur Debatt, dass mer dat elo kuerzfristeg wëllen ofschafen. Mir brauchen dat Gesetz, fir mat den Daten ëmzegoen, fir um Terrain kënnen ze schaffen. Déi Ramebedéngunge stinn, och wann d'Mesurë selwer, déi dra sinn, am Moment ausser Kraaft sinn, soudass do keng direkt Urgence ass.

An ech denken, dass et sennvoll ass, aus den Erfarungen ze léieren. Déi Länner hate ganz ënnerschiddlech Gesetzgebungen. Vill Gesetzgebungen, déi am Ausland bestinn, wäeren hei net ëmsetzbar gewiescht, well eeben do e ganz grouse Fräiraum accordéiert ginn ass un d'Exekutiv. Déi zwou, dräi Kéieren, wou mer dat hei probéiert haten, krute mer e Veto ageleucht a mir krute gesot, dass mer och fir Detailler missten duerch d'Chamber goen. Mee ech denken, dass de Recul ons do wäert guttduen an dass déi Evaluatioun, déi mer matmaachen, eis wäert mobiliséieren an eis Opschlëss gëtt, fir da fir d'Zukunft e gutt Gesetz en place kënnen ze kréien, wou mer och aus den Erfarunge vun deenen anere Länner kënnen léieren.

Ech wollt och nach agoen op d'CON-VINCE-Studie, déi ass ugeschwat ginn. Jo, déi ass iwwerholl gi vun der ORCHESTRA-Studie. Dat leeft nach ëmmer. D'Resultater vu Januar, Februar sinn eran, sinn nach net statistesch ausgewäert, mee dat leeft u sech richt weider. Donieft ass och den LNS, deen an den Altersheemer reegelméisseg Antikierpertester mécht. A mir suivéieren och am Moment dat, wat an Däitschland uleift. Dat ass e Sujet, wou mer derbäibleiwen.

Generell hu mer eis ganz Aktiounen, déi mer lafen hunn, och fir d'Ofwässer ze surveilléieren, bäibehalen. D'Pandemie ass net eriwuer. Ech géif dat gären nach eng Kéier ënnersträichen. A mir behalen asoufern all Instrumenter, déi mer eis als Land, d'ailleurs zu engem ganz fréien Zäitpunkt, ginn hunn – viles gëtt elo kopéiert, wat mir u sech scho fréi en place haten –, zu dësem Zäitpunkt bäi.

Voilà, dat ass alles, wat ech dozou ze soen hat. An de Premier géif iwwerhuelen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lenert. An da wier et um Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen de Kollege Merci an och de Regierungskollegeen, déi hei sinn. Et ass jo eng Positioun, déi mer och zesummen ausgeschafft hunn, déi mer leschte Freideg jo och schonn op enger Pressekonferenz zesumme mat der Justizministesch – déi ech haut nach eng Kéier wëll entschëllegen, déi nach ëmmer zu Den Haag ass fir

eng europäesch Verflüchtung – an och mat der Gesondheitsministesch presentéiert hunn.

Ech wëll just op e puer Punkten agoen, Här President. Den éischte Punkt ass, dass d'Experte selwer op der Pressekonferenz – och bei eis am Regierungsrot – Merci gesot hunn, dass se en zweeten Avis konnte schreiwen, dass d'Situatioun am Januar eng aner Situatioun ass wéi déi, déi mer elo hunn. Dat ass e Fait. D'Experte selwer soen, dass hir Konkusioun vum haut anerer sinn, méi nuancéiert si wéi déi, déi se am Januar geholl hunn.

Ech hunn deemools gesot, dass mer den Avis vun den Experten als Regierung wëllte suivieren, an dat maache mer haut nach ëmmer richtig. Duerfir, wann ech hei vu Pirouett vum der Regierung erzielt kréien oder dass mir eis Meinung ganz geännert hätten, dat ass net richtig. Ech hunn dat deemools gesot an dat ass haut nach ëmmer richtig. An dowéinst, well d'Experten eis och recommandéieren, dass mer prett sollte sinn, wann, wann, wann, maache mer dat och.

An ech sinn och frou, dass ... Och dem Här Wiseler e grouse Merci fir déi Zoustëmmung an och fir d'Ennerstëtzen, fir de Fait, dass e Projet de loi elo formell ze deposéieren oui en Exposé des motifs eppes wier, wat awer bal onméiglech ass. Wéi soll de Staatsrot kënnen oui Exposé des motifs e formellen Avis ginn? Dat wier jo och bal onméiglech. Dowéinst merci Iech!

An et ass gefrot ginn, wéini dat géif kommen, an ech hunn och gesinn an Är Motioun: „esou séier wéi méiglech“. Muer, Här President, muer hu mer Regierungsrot. Méi rapid kënnen mer net schaffen, mee mir wollten awer haut ofwaarden, wat den Input wier vu lénks a vu riets, fir eeben dat dote kënnen ze maachen.

Op d'Fro no engem Pandemiesgesetz, déi och den Här Wiseler abordéiert huet, huet d'Madamm Gesondheitsministesch elo just geäntwert. A well hei och gefrot ginn ass vum deem engen a vum deem aneren, mir missten en Audit maachen, missten an eis kucken, missten doraus Léieren. Jo, dat hu mer jo och grad zesammen decidéiert als Majoritéit an och mat Ennerstëtzung vun enger Rëtsch vun Deputéierten heibanne vun der Opposition, dass mer duerfir d'OCDE jo och mandatéiert hunn.

D'OCDE wäert fir d'Rentrée en Avis ginn. Dat ass jo ee vu baussen, deen op eis kuckt, well mer der Meinung sinn – an ech paken Holz un, Här President, ech hatt jo am Léifsten, mir bräichten net méi Léieren doraus ze zéien, well mer net méi esou eng Pandemiesituatioun géife kréien –, dass mer an Zukunft och vläicht aus där enger oder där anerer Dispositioun, déi mer geholl hunn, an der Analys vun deene verschidde Mesuren, déi mer geholl hunn, deem Bléck vu bause solle Léieren, fir an Zukunft dann eeben och, jo, gestärkt an eeben och anescht erschéitert an eng Pandemie kënnen eranzegoen. Dat ass fir eis ganz, ganz wichteg.

Et ass och hei gesot ginn, jo, dee schlémmste Cas, deen ... Mir gesinn d'Zuelen, an och nach eng Kéier ... Pardon, wann ech den Här Wiseler esou oft hei zitieren, mee déi Zuele sinn haut ganz héich. Déi Zuele vum Virus si ganz héich. Mir hunn haut de BA.5. Ech ginn Iech keng Garantie, dass mer muer kee BA.6 kréien, kee BA.7 kréien. Et ass alles méiglech, dass dat och weidergeet. A mir gesinn och am Ausland, dass de Virus mutéiere kann. An dowéinst ass déi Preparatioun immens wichteg.

Ech soen och de Majoritéitsverrieder, ob dat den Här Baum, d'Madamm Lorsché oder och den Här Cruchten ass, Merci fir déi Ennerstëtzung depuis le départ, dass mer probéiert hunn ... et hat keen, ech hunn dat jo och scho gëscht gesot, et hat kee vun eis

d'Geheimrezept, mee einfach, dass mer als Majoritéit mat eise Rapporteur permanent Mars Di Bartolomeo ëmmer awer déi lescht Jore gekuckt hunn, eis ze adaptéieren. Jo, et war näischt fest.

Mir hunn haut nei Erkenntnisser hei. Ech si jo frou, dass mer Leit hunn, déi schonn eng Kristallkugel hate virun e puer Méint, fir schonn ze wëssen, wéi d'Medikamenter – schonn den Impakt, dee mer elo eréischt kréien – géifen agéieren.

An duerfir, j'apprécie beaucoup déi Leit, déi an där Kristallkugel schonn esou vill virausgesinn hunn. Mee ech si frou, dass mer haut déi Erkenntnisser hunn. An déi sinn net vum Januar an ech wëll erënneren ..., well et ass gesot ginn, et wier eréischt am Februar oder März. Mir hatten den 22. Januar, sauf erreuer de ma part – oder 21. Januar –, den Debat hei. An do war d'Situatioun, wou mer vum Delta op Omikron eriwergeschwonge sinn an et hatt kënnen dat eent ginn esou wéi dat anert. Mir konnten net wëssen, dass sech den Omikron dann och hei definitiv méi etabléiere géif.

Dowéinst, Här President, dat, wat d'Experten deemools gesot hunn, war à ce moment-là richtig. An et kann een ëmmer zrëckkucken an et hatt ee kënnen eppes anescht maachen. Ech soen Iech just, dass an deem Moment, wou déi Decisioun geholl gi sinn, dat och déi richtig Decisioun waren.

A last but not least, ech wollt net op deen dote Punkt agoen, Här President, mee well den Här Clement awer insistéiert huet iwwert d'Experten. Vun deene fënnf Experten, déi mer hatten, hunn der véier gesot, dass se fir hir Independance och net wëllte remuneréiert ginn. Dowéinst ass dee Sujet fir eis kloer gewiescht vum deene véier vu fënnf. A fir dee fënnfte si mer amgang ze kucken, eng Propositioun och kënnen ze maachen. Mee déi aner véier hu fonnt, dass si, eebe fir méi fräi a méi independant kënnen ze schaffen, eeben och keng materiell Entschiedegung duerfir wollten.

Mee Iech merci fir d'Zoustëmmung, merci fir déi konstruktiv Debat, déi mer awer haut hatten, a virun allem awer och fir déi Preparatioun, déi mer just zesammen kënnen maachen, fir dass – an nach eng Kéier sorry, wann ech haut d'Holz zweemol upaken – mer prett sinn, mee dass mer et virun allem net brauchen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Staatsminister Xavier Bettel. Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, ech wollt e kuerze Kommentar maachen. Éischters wollt ech dem Här Staatsminister Merci soe fir seng Reaktioun. Mee ech wollt op een Aspekt agoen, deen den Här Staatsminister genannt huet. Dat ass déi Saach vum Audit.

Mir hatten effektiv elo e Gespréich mat der OECD zu e puer Deputéierter des Woch. Ech mengen, et war de Méindeg. Dat war eng kuerz ..., ech mengen, et waren zwou Stonnen, wou mer iwwer Video matenee geschwat hunn. Dat waren alles ganz fein, ganz léif, och ganz sécher kompetent Leit. A mir hunn als Deputéierter zu e puer kënnen Stellung huelen. Alles dat ass schéin a gutt, mee dat geet net duer.

Ech mengen, mir hunn hei Leit, déi Lëtzebuerg kaum kennen, deene mer heiansdo an enger kuerzer Interventioun e kleng Problem oder eng gutt Saach kënnen signaléieren, an da war et dat. Ech mengen, dat ersetzt net deen Exercice, dee mir eis virstellen, fir wierklech hei vu Grond op opzeschaffen, souwuel am medezinneschen, am juristeschen, am sécherheetspoliteschen, am ekonomeschen Beräich, dat mer

wierklech eng anstänneg Opaarbechtung maache vum där Politik, déi an de leschte Jore gemaach gouf.

Näischt géint déi Leit vun der OECD. Mir hunn all Respekt fir si. Mir freeën eis op déi Analys, déi si eis schécken. Mee ech wollt awer och ennersträchen, dass dat eng Kontributioun zum Debat ass. Déi ass och wellkomm, mee dat ersetzt op kee Fall dat, wat mir hei national musse maachen, fir e Réckbléck op déi lescht Joren ze werfen an eis kritesch mat eis selwer auserenzesetzen, vum État de crise bis zum Curfew, also bis zum Couvre-feu.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser.

#### **Motion 1**

Mir kënnen dese Punkt awer net ofschléissen, oui nach iwwert d'Motioun vum Här Yves Cruchten ze befannen. Wie wëllt nach d'Wuert zu deser Motioun ergräifen? Den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, och hei e grouse Merci un d'Kollegen, déi eis déi Motioun proposéiert hunn. Mir sinn och ganz sensibel op dem Här Cruchten seng frëndlech Wieder, deen eis proposéiert huet, se mat ze ennerschreiwen. Leider kënnen mer dat net maachen, well eis Iwwerzeugung ass déi, dass mer keng Impfflicht wëllen.

Dir proposéiert an där Motioun en Avant-projet de loi, eebe just fir der Chamber eng Impfflicht virzeleeën. Do hu mer einfach eng fundamental aner Vue. Mir si fir d'Fräiwëllegkeet vun der Impfung, wëllen also och keen esou en Avant-projet de loi. Mir kënnen se also net mat ennerstëtzen. Mee nach eng Kéier en häerzleche Merci och fir Är Oppenheet géintiwwer den Oppositionsparteien.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. Dann ass et um Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President, ech hu virdrun, mengen ech, an der Ried kloer gesot, dass mer och géint d'Impfflicht sinn. Ech hunn an der Ried awer och eppes anescht gesot, nämlech dass ech frou gewiescht wär, wann d'Regierung hir Versprechen agehalen hatt an eis déi Texter och scho gewisen hatt.

Elo eng Motioun hei ze stëmmen, déi d'Regierung nach eng Kéier invitéiert, eis Texter ze weisen en vue vun eppes, wat mer u sech net wëllen, kann ech leider net matdroen. Déi aner dräi Invitten, d'Invitten 2, 3 a 4, fannen eis Zoustëmmung, mee den éischten Invite geet net, eleng wéinst eiser Positioun zur Impfflicht. An och da soen ech nach eng Kéier: Ech mengen, dass et gutt gewiescht wär, wa mer haut hätte kënnen och op Basis vun Texter diskutéieren an net nëmmen op Basis vun enger fundamentaler Positioun. Mee nichtsdesto trotz kann ech déi Motioun net matdroen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement. Da ginn ech d'Wuert weider un den Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler (CSV)** | Merci, Här President. Ech wëll och dem Här Cruchten Merci soen, éischters fir d'Motioun, zweetes och fir d'Offer, se mat ze ennerschreiwen. Ech wëll just soen: Mir ennerschreie se net mat aus engem ganz prezise Grond. Dat ass, dass mer ... Ben, déi éischt Remark, déi ech wollt maachen, dat ass déi, dass déi Zuel, déi gebraucht gëtt, 78,8 % vun deene Leit si vaccinéiert iwwer fënnf Joer, mag stëmmen. Mee eisen Discours war konstant fir ze soen: „Kommt, mer kucken, dass mer déi international Zuele gebrauchen, esou wéi se iwwerall gebraucht ginn, op d'ganz Populatioun, an net erëm Zuelen, déi dann irreführend sinn, well se erëm op



engem aneren Echantillon sinn.“ Mee dat ass awer just eng Niewesaach.

Dat, firwat mer se am Fong net wëlle mat ënnerschreiwen, ass, well se eis net wäit genuch geet. Mir fanne richteg, wat drasteet, mee et geet eis net wäit genuch, notament de leschten Tiret. Wa mir eng Motioun geschriwwen hätten, déi mer och mat géifen ënnerschreiwen, dann hätte mer de leschten Tiret anescht formuléiert. Dann hätte mer de leschten Tiret esou formuléiert, datt mer gesot hätten, datt mir gären e Pandemiegesetz hätten, net just eng Analyse juridique dovunner, datt mer gären e Pandemiegesetz hätten.

Dann hätte mer och gesot, datt mer gär e Gesetz hätten iwwert d'Obligation, fir den Impfstatus par rapport zu de Leit, déi ronderëm Vulnerabel schaffen, a sech kloer ze maachen op den Direktiounen vun deenen Haiser.

Déi zwee Gesetzestexte hätten mer am Fong gär gehat, hätte mer och gär drageschriwwen. Dann hätte mer et och kënne mat ënnerschreiwen.

Par contre, vu datt se zwar net wäit genuch geet, awer richteg ass, kënne mer se awer matstëmme, ouni se mat ze ënnerschreiwen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Wiseler. Da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, merci fir déi Reaktiounen vun de Kolleegen. An nach eng Kéier: Et deet mer leed, dass Der esou spët domadder befaasst gouft. Och ech hunn déi lescht Versioun eréischt de Mueren um 7.30 Auer kritt.

Ech mengen, also ech verstinn allegueren déi Bedenken, déi elo hei geäussert goufen. Ech wëll just awer soen, dass se an engem Geescht geschriwwen war, dass probéiert gouf, dass se vu jiddwerengem kéint matgedroe ginn, well ech och mengen, dass een an deem éischten Tiret eigentlech, wann een deen och matdréit, nach net eng Zoustëmmung ginn huet zur Aféierung vun enger Impfflicht, mee dass mer awer fuerderen, dass mer als Chamber mat deenen Texten befaasst ginn, déi d'Regierung schonn ausgeschafft huet. Ech hat gehofft, dass dat och deenen, déi komplett, kategorieesch géint d'Impfflicht sinn, awer an déi Richtung géif goen, dass se se kéinte matdroen.

Ech soen awer Merci fir déi Reaktiounen. An ech wëll nach eng Kéier soen: Ech hunn den Depot gemaach, mee et ass och eng Gemeinschaftsproduktioun vun de Kolleegen vun deene Gréngen a vun der DP.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. Da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

**Mme Paulette Lenert**, Ministère de la Santé | Merci. Ech wollt just séchergoen, dass ech d'Interventioun richteg verstanen hunn. Dat heescht, Dir sidd, Stand haut, iwwerzeegt, dass juristesche d'Verhältnisméissegkeet ginn ass fir déi Oppeleung vum Impfstatus am Gesondheits- a Fleegegesetzer? Dat solle mer net méi weider verdéiwen a préiwen?

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Ministesch. Da ginn ech d'Wuert zréck un den Här Claude Wiseler.

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Dat war eng kloer Fro, Dir kritt och eng kloer Äntwert. Jo, mir suivéieren op deem Punkt den Experten hiren Avis, déi och kloer sinn an déi dat froen, well se soen, datt et net nëmme d'ailleurs fir d'Covid-, mee och fir aner Impfungen, wou d'Krankheet en ustiechende Charakter hätt, sënnavoll wär, wann d'Direktoren vun den Institutionen géife wëssen, wat den Impfstatus ass vun deene Leit,

déi ronderëm Vulnerabel schaffen, well dat hinne géif am Allgemengen erlaben, déi vulnerabel Leit besser ze protegéieren.

Mir fannen dat eng richteg Meenung a mir fannen, et soll ee kucken, datt een esou een Text op den Dësch leet. Mir wëssen, datt sech do selbstverständlech eng ganz Rei Froen, wat d'Protektioun vun den Daten ugeet, wäerte stellen. Mee hei geet et och ëm d'Protektioun vu vulnerabelen Leit, a mir menge wierklech, datt ee soll dorunner schaffen. D'Äntwert ass also Jo.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Wiseler. Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott vun dëser Motioun kommen.

#### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass mat 51 Jo-Stëmme bei 6 Nee-Stëmme an 2 Abstentionen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aderm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Laurent Mosar), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Félix Eischen), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par Mme Cécile Hemmen), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Josée Lorsché), M. Marc Hansen (par M. François Benoy), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Stéphanie Empain).*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

### 3. Débat d'orientation au sujet de la modernisation et des défis de notre système fiscal

D'Chamber féiert de Moien eng Orientéierungsdebat iwwert d'Moderniséierung an d'Erausforderungen vun eisem Steuersystem. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht an d'Wuert hunn elo d'Rapportereuren, den honorabelen Här André Bauler an den honorabelen Här Gilles Roth, déi am Numm vun der Finanz- a Budgetkommissioun schwätzen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

**M. André Bauler** (DP), corapporteur | Här President, léif alleguer, d'Steierpolitik ass ee vun de wichtegsten Hiewele vum Staat.

D'Steiere betreffe bal jiddereen. Jiddereen ass frou, wann en net ze vill besteiert gëtt, wann en also méi

Netto vu sengem Brutto behält. En zentralen Diskussionspunkt, deen ëmmer nees opgegraff gëtt an un deem sech d'Geeschter munchmol scheeden, wann et ëm d'Steiere geet, ass och dee vun der Gerechtigkeit.

Well d'Steierpolitik esou e wichtige Sujet ass, hu mir eis hei an der Chamber déi néideg Zäit geholl, fir déi verschidden Acteuren ze héieren a mat hinnen ze diskutéieren, eis auszutauschen, dat virun allem während der Zäit vun der Pandemie. Si stoungen eis an den Entrevü Ried an Äntwert. Doriwwer eraus hu mer och Froen an der Commissioun gesammelt, soudatt d'Beamten eis konnte méi oder manner graff ausrechnen, wat gewësse fiskalesch Mesurë kaschten oder wat se erabréngen.

D'Kommissioun hat och Entrevü mam Enregistrement, der Douane, der Salariatskummer, der Staatsbeamtekummer, der UEL, also der Union des entreprises, dem Wirtschafts- a Sozialrot, dem Nohaltegekeetsrot an der Organisation fir ekonomesch Zesummenaarbecht an Entwécklung, der OECD.

Dëse Rapport, dee vum Gilles Roth a vu mir selwer verfaasst gouf, ass och a besonnesch der wäertvoller Hëllef a Berodung vun der Madamm Cristel Sousa aus der Parlamentsverwaltung ze verdanken, där ech ausdrécklech op dës Plaz am Numm vun der Finanz- a Budgetkommissioun wëll Merci soen.

Mir wollten näischt iwwert de Knéi briechen. An dofir versteet een, datt esou en Exercice seng Zäit brauch. De schrëftleche Rapport, deen ech Iech elo zesumme mam Gilles Roth mëndlech resuméieren, ass e reng administrativ Rapport, deen d'Kommissiounsarbeiten erëmgëtt. No der Presentatioun vum Rapport wäerte mir dann an dësem Haus déi politesch Debatt féieren.

Wa mir eis also haut hei gesinn, dann ass dat net, well mir den Dossier schleefe gelooss hätten. Ganz am Géigendeel: Mir sinn d'Saach gewëssenhaft ugaangen. Effektiv, wann een u Steieren denkt, dann denkt ee vläicht un déi gewéinlech Steuererklärung, un d'Besteuerung vum Akommes also, oder un d'TVA. Et gëtt awer eng ganz Rëtsch u Steieren an eng ganz Rëtsch un Acteuren. Dowéinst muss vu virera gesot ginn, datt wann een un där klengster Steierschrauf dréit, fir engem Problem entgéintzewierken, da kann dat eventuell en neie Problem schafen, deen een ufanks net am Bléck hat. Et dierf een also dat ganz Bild net aus den Ae verléieren.

Den administrativ Bericht, dee mer der Chamber virgeluecht hunn, ass e groussen Tablo vun eiser haiteger, d'zäiteger Steuerlandschaft. En Tablo wuelgemierkt, well mir konnten net an déi allerlescht komplex Detailer eragoen, andeems mer déi ganz Realitéit in extenso belicht hätten.

Fir datt mer eng gemeinsam Diskussionsbasis hunn, huet d'Kommissioun also decidéiert, datt et zu dësem Debat e Rapport soll ginn. Et war also eng Initiativ an der Chamber vun der Chamber. Dann huet jiddereen nach eng Kéier d'Zuele virun Aen. An dat erlaabt et eis, fir en Debat en connaissance de cause – wéi dat esou schön heescht – ze féieren. An zu der Wierklechkeet vun haut gehéieren och a grad d'Auswierkungen vun der sanitärer Kris an dem Krich an der Ukrain op eis Gesellschaft, op eis Wirtschaft, a besonnesch op eis öffentlech Finanzen, d'Statsfinanzen.

Den Ufank wëll ech mat enger Iwwersiicht iwwert d'Kommissiounssätzungen maachen, iwwer eis Steuerlandschaft, an da méi prezis iwwert d'Besteuerung vum Akommes. Den Här Roth wäert déi zweet Hallsticht vum Rapport virstellen. Do geet et ëm d'Besteuerung vum Kapital, d'Besteuerung vum Konsum, ofschléissend gekoppelt un eng Rei Feststellungen.

Komme mir dann elo zum Fong:

D'Steierrecettë stinn am Mëttelpunkt vun dësem Rapport. D'Steierrecettë kann een an dräi gréisser Kategorien opdeelen: d'Besteuerung vum Akommes, déi vum Kapital an déi vum Konsum. D'Opdeeling vun de Steuerrecettë gëtt an der éischter Tabell vum Rapport kloer gewisen. Doraus schlësse mer, datt liicht méi wéi d'Hallschent vun de Recetten iwwert d'Akommessteuer erakënnt, bal 15 % iwwert d'Besteuerung vum Kapital an eppes méi wéi een Drëttel iwwert d'Besteuerung vun der Consommation. Dës Prozentsatz oder Gewichtung si vun 2016 bis 2021 relativ stabil bliwwen.

Ech wäert mech a menger Ried haaptsächlech op d'Akommessteuer fokusséieren. Déi wichtegst Steuerrecetten, déi duerch d'Akommessteuer generéiert ginn, kënnen an zwou Kategorien ënnerdeelt ginn: éischters d'Besteuerung vun der Privatleit an zweetens d'Besteuerung vun de Betriber.

Privatleit ënnerleien dem IRPP, dem Impôt sur le revenu des personnes physiques sur base d'assiette, deen op Basis vun der järelecher Steuererklärung bestëmmt gëtt. Zousätzlech ënnerleie verschidde Revenuen, wéi zum Beispill d'Salären, d'Traitementer an och d'Pensionen, der RTS, der Retenue sur traitements et salaires. Dat ass eng sougenannt „Quellesteuer“, déi während dem Joer aus dem Bruttoakommes ofgezu gëtt.

Betriber ënnerleien der Kierperschaftssteuer IRC, Impôt sur le revenu des collectivités, an der kommunaler Gewerbesteuer ICC, Impôt commercial communal.

Déi éischt Grafik am Rapport weist déi jeeweilg Entwécklung vun de genannte Steiere vun 2016 bis 2021. Den RTS an d'kommunal Gewerbesteuer sinn ëm 45 % respektiv 46 % geklommen, an den IRPP an d'Kierperschaftssteuer, Impôt sur le revenu des collectivités, wéi gesot, ëm 35 % respektiv 34 %. An där Period sinn d'Steierrecetten iwwert d'Besteuerung vum Akommes ëm 41 % geklommen, vu 6,8 Milliarden op 9,6 Milliarden.

Passend dozou gesitt Der an der zweeter Tabell vum Rapport, wéi dës Steiere vun 2016 bis 2021 opgedeelt sinn. Ausserdeem gesitt Der am véierten Tablo, wéi vill genau déi Steiere vun der gesamte Steuerrecettë vum Staat ausmaachen. Do ass den RTS dättelech op der éischter Plaz an da kënnt d'Kierperschaftssteuer an dann den IRPP.

Am Tablo 3 vum Rapport gesäit een och, datt d'Majoritéit vun der Steuerrecetten, déi iwwert d'Akommessteuer erakommen, vun der Privatleit bezuelt gëtt. Just 35 % vun dëse Recettë gi vun de Betriber direkt bezuelt. Dir gesitt also, datt den Undeel, deen déi verschidde Steiere fir d'Staatsrecetten ausmaachen, an der leschte Jore relativ konstant bliwwen ass.

Elo zu der Analys vun der Steuerrecetten, déi duerch d'Akommessteuer vu Privatleit generéiert ginn.

Wéi virdru schonn erwäant, ënnerleien d'Privatleit dem RTS. Dës Quellesteuer gëtt direkt vum Akommes während dem Joer ofgehalen. Den RTS mécht de gréissten Deel vun der Akommessteuer aus, dat mat 54 % d'lescht Joer. D'Steierrecetten iwwert den RTS sinn an deene leschte sechs Joer konstant gewuess. Méi wéi ee Véierel vum RTS kënnt iwwert d'Traitementsbezieler aus der öffentlecher Verwaltung eran. Duerno kommen d'Lounempfänger aus dem Finanz- a Versécherungssektor, déi mat eppes manner wéi engem Véierel zum ganzen RTS bäidroen.

Déi aner Hauptsteuer, déi d'Privatleit bezuele mussen, ass den IRPP. D'Steierrecettë vum IRPP representéieren 12 % vun der globale Steuerrecetten iwwert d'Akommessteuer.

Wann ech hei vu Steieren oder Akommes schwätzen, da wëll ech awer och nach op d'Steierkreditter agoen. Dat si gewësse Montanten, déi Privatleit vun hirer Steuerlaascht ofgezunn, also guttgeschriwwen, kréien.

Rezent goufe verschidden Ännerungen bei der Steuerkreditter gemaach, fir d'Leit cibléiert ze entlaaschten. E Steuerkredit, als Erënnerung, dat ass e Montant, deen vun der Steuerlaascht ofgezu gëtt. Et existéieren verschidde Steuerkreditter: fir Salariéen, fir pensionéiert Leit, fir Fräiberuffer a fir alengerzéiend Familljen.

Dës Steuerkreditter si sozial cibléiert, well se Leit mat niddregem Akommes am meeschten zeguttkommen. Et sinn och verschidden Ännerungen an der leschte Jore gemaach ginn. De Mindestloun-Steuerkredit gouf beispillsweis mam Budgetgesetz vun 2019 agefouert fir Salarié mat engem Bruttoakommes tëscht 1.500 an 3.000 Euro pro Mount.

D'Instrument vum Steuerkredit gouf och benotzt, fir a gewëssene Fäll d'Auswirkung vun der CO<sub>2</sub>-Steier sozial ofzufiedere. Den Energie-Steuerkredit gouf elo rezent am Kader vum Tripartite-Accord agefouert.

Elo nach zu de Betriber.

D'Kierperschaftssteuer, d'Solidaritéitssteuer mataberecht, mécht am Joer 2021 24 % vun der steierleche Recettë vun der Akommessteuer aus. 2019 louch se nach bei 30 %. D'Kierperschaftssteuer – zur Widderhuelung: Impôt sur le revenu des collectivités – zeechent sech awer och duerch eng positiv Entwécklung tëscht 2016 an 2021 aus.

E bësse méi wéi dräi Véierel vun dëse Recettë kommen aus dem Finanz- a Versécherungssektor. Innerhalb vum Finanzsektor bezuelen d'SOPARFIen, d'Banken an d'Fongen déi meescht Kierperschaftssteuer. D'Unzuel vu Betriber, déi iwwer eng Millioun u Kierperschaftssteuer bezuelt hunn, ass gewuess, bis d'Pandemie ausgebrach ass. Dunn ass d'Zuel vun deene ganz abrupt gefall, mee schéngt sech awer elo nees ze erkréien.

Komme mir elo zum leschte Puzzlestück vun der Steuerrecetten am Beräich vun der Akommessteuer, déi kommunal Gewerbesteuer, den Impôt commercial communal. Dës Steuer huet e ganz spezielle Charakter, well hire kommunale Steuersaz vu Gemeng zu Gemeng tëscht 225 % an 350 % variéiert. D'kommunal Gewerbesteuer representéiert 11 % vun der Steuerrecettë vun der Akommessteuer a verkierpert domadder de klengsten Undeel vun dëser Kategorie vun der Steuerrecetten. Se läit bei ronn enger Milliard am Joer 2021.

Genaou wéi bei der Kierperschaftssteuer hält haaptsächlech de Finanz- a Versécherungssektor mat 70 % de gréissten Undeel un der Recettë vun der kommunaler Gewerbesteuer. An innerhalb vum Finanzsektor bezuelen alt nees d'SOPARFIen, d'Banken an d'Fongen déi meescht Steieren ... Kierperschaftssteuer.

Ech hat virdru gesot „Kierperschaftssteuer“, et ass wuel gemierkt awer déi kommunal Gewerbesteuer. Ech hu mech do verdoen, pardon.

Souvill zu de verschiddene Steieren an hirem respektive Gewicht an der Lëtzeburger Staatsrecetten. Am Kader vu mengem mëndleche Rapport hunn ech dat elo graff formuléiert. Detailler fannt Der natierlech am schrëftleche Bericht vum Gilles Roth a vu mir selwer.

Elo ginn ech op déi verschidde Fuerderungen, Iddien a Meinungen an, déi vun de Berufschamberen an aneren Organer iwwert d'Akommessteuer zu Lëtzebuerg un eis gericht goufen. Gläichzäitg wäert ech fir verschidde Mesuren eng Schätzung vum budgetären Impact ugin. Dës Schätzung goufen, op Ufro vun der

Kommissioun, vun der Steierverwaltung berechent. Déi Zuele berouen natierlech op verschiddenen Hypothesen. Den Detail dozou fannt Dir am schrëftleche Rapport.

Ech maachen den Ufank, wéi ëmmer, mat der Privatleit. Wann et no der Staatsbeamtekummer, also der Chambre des fonctionnaires et employés publics, soll goen, dann ass d'Schafung vun engem neien, eenzege Steuerbarème no un der Steuerklass 2 noutwendeg. Fir d'Steit mat Kanner, alengerzéiend Familljen, Wittfraen a Wittmänner ze entlaaschten, soll deen neie Steuerbarème u Steuerkreditter an Abatementer gekoppelt ginn.

Eng weider Moosnam ass d'Ofschaffung vun der Steuerklass 1a, fir de System méi gerecht ze gestalten, virun allem fir d'alengerzéiend Familljen an d'Wittleit. Dat géif de Staat all Joer 350 Milliounen Euro kaschten.

D'Aféierung vun zousätzleche Steuertranché wier e gutt Instrument, fir d'Progressivitéit auszedeeenen an d'Steierlaascht op den Duerchschnittsrevenue erofzesetzen. Ausserdeem soll de Steuerbarème, d'Steiertabell, un d'Inflation ugepasst ginn.

Änlech Argumenter goufe vun der Salariatskummer virbruecht, wéi zum Beispill zousätzlech Steuertranché fir héich Revenue mat héije Steuersätz. De Seuil d'entrée misst och eropgesat ginn. Fir d'alengerzéiend Contribuabele misst e Steiersystem änlech wéi an der Klass 2 agefouert ginn an der Crédit d'impôt monoparental, de CIM, misst no uewe revidéiert ginn. Niewent enger regelméiseger Upassung vun der Steuerkreditter missten och d'Forfaite bei den Dépenses spéciales an der Werbungskaschten eropgesat ginn.

De Wirtschafts- a Sozialrot, de Conseil économique et social, kuerz: CES, ass och mat der Salariatskummer averstanen a fënnt, datt de Steuerkredit fir alengerzéiend Famillje mat niddregem a mëttlerem Akommes eropgesat soll ginn. Den Déchet fiscal heivunner géif jee no Zenario tëscht 60 a 95 Milliounen Euro pro Joer leien. E seet awer och, datt d'Steierreform vun 2017 d'Steierlaascht vun der Majoritéit vun der Steuerzueler eropgesat huet. E stellt och fest, datt d'Entwécklung vum marginale Steiersaz méi prononcéiert an der Steuerklass 1a ass.

Wa mir hei vu Mindestloun schwätzen, da sief gesot, datt, wann de Mindestloun komplett steierfräi géif ginn oder wier, da misst de Staat, jee no Upassung, mat engem Verloscht tëscht 300 Milliounen an 1,84 Milliarde rechnen.

Fir d'Attraktivitéit vun eisem Land ze stäerken, soll, dem Groupe patronal vum CES no, de Spëttesteiersaz méi gënschteg par rapport zum Ausland sinn.

De Groupe salarial vum CES verlaangt eng Erhéijung vun der Besteuerungstranchen an d'Aféierung vun engem maximale Steiersaz, deen méi héich ass wéi deen aktuellen. Doriwwer eraus wënscht en d'Neesaféierung vun der automatischer Upassung vum Barème un d'Inflation. Hei géif den Déchet fiscal sech, der Steierverwaltung no, op 600 Milliounen Euro belafen.

D'OECD ass amgaangen, eng Studie iwwert déi direkt Besteuerung an hir negativ Auswirkungen op d'Gerechtigkeit tëscht Fraen a Männer duerchzuführen. Mat dëser Etüd wëllt d'OECD virun allem erausfannen, a wéi enger Hisiicht eng generell Individualisierung dëser Ongerechtigkeit kann entgéintwuerken.

An deem Kontext ass ze bemerken, datt, wann zu Lëtzebuerg all Steuerzueler an der Steuerklass 1 géif besteuert ginn, de Staat 1,35 Milliarden Euro pro Joer méi géif eranhuelen. Am Géigesaz: Wa jiddereen an



d'Steierklass 2 verluecht géif ginn, géif de Staat ronn 1,9 Milliarde verléieren.

D'OECD huet iwwregens erwänt, dass Lëtzebuerg en héije soziale Schutz par rapport zu anere Länner an der OECD huet. „Un niveau de protection sociale très élevé“, mengt de Vertrieber vun der OECD.

Den Nohaltegekeetsrot, de Conseil supérieur pour un développement durable, fuerdert e Steierkredit, fir de Cooviturage ze encouragéieren, an eng méi héich Besteuerung vun der Émweltverschmutzung. Eng aner Optioun, wéi Lëtzebuerg déi ekologesch Transitioun reusséiere kann, wier zum Beispill, iwwer eng Aart „Loi Rau“ nozedenken, dat am Respekt vum europäesche Recht. Dës géif derzou féieren, dass d'Leit an nohalteg Projeten investéieren a sech direkt an dës Transitioun bedeelege kéinten, wat och sozial Spannungen an der Zukunft reduzéiere kéint.

Ech kommen dann elo zum Akommes iwwert d'Aarbecht an d'Kapital. D'Kummer vun de Staatsbeamten an Employéë wëllt d'Besteuerung um Kapitalakommes verstärken. Dobäi ass ze bemerken, dass d'Besteuerung vun de Plus-wäerten um Kapitalakommes haut schonn 100 Milliounen Euro pro Joer erabréngt. Am Géigesaz dozou soll d'Steierlaascht duerch d'Besteuerung vun der Aarbecht reduzéiert ginn. Dat wënscht sech och d'Salariatskummer.

Selbstverständlech gëtt och d'Logementsfro zu Lëtzebuerg behandelt. Der Staatsbeamtekummer no soll d'Akommes, dat duerch d'Verlouen oder de Verkauf vun Immobilie generéiert gëtt an dat vun OPCen, Fonds d'investissement spécialisés oder FIARen, also Fonds d'investissement alternatifs réservés, also Investmentfongee beziugsweis Organismes de placement collectif, erwirtschaft gëtt, wéi e geschäftleche Gewinn besteiert ginn amplaz duerch e Prélèvement immobilier vun 20 % op dem Bruttoakommes.

D'UEL ass der Meinung, dass d'steierlech Moosnamen a Prozeduren, déi d'Immobilieninvestissementer betreffen, net méi de Realitéit vun haut entsprechen.

De Wirtschafts- a Sozialrot schléisst sech dëser Meinung un: Den Taux d'amortissement accéléré fir Immobilieninvestissementer soll gewësse Grenzen kréien, och d'Ofschreibung vun den Zinsen op Immobilien, déi verloungt ginn.

De CES recommandéiert ënner anerem och, déi schwach Besteuerung vun de Plus-wäerten a Fro ze stellen, zum Beispill duerch eng Hausse vum Taux oder d'Verlängerung vum Délai, während deem de Bien gehale gëtt, oder duerch d'Erofsatzung vun den Abattementer. Dës Moosnamen géifen derzou bäidroen, fir reng spekulativ Investissementer manner attraktiv ze maachen, dat zugonschte vu Privatpersounen, déi sech fir den eegenen Notzen eng Immobilie kafen.

Wat d'Besteuerung vun de Betriber an d'Kompetitivitéit betrëfft, esou ginn och eng Rei Ännerunge virgeschloen. D'Staatsbeamtekummer féint, dass d'Participationsprimm, déi d'Stockoptions ersat huet, méissbraucht kéint ginn. Dës Participationsprimm mécht en Déchet fiscal vun 18,5 Milliounen Euro pro Joer am Staatsbudget aus.

D'UEL ënnerstëtzt d'Moderniséierung vum Steiergesetz. D'Ofschaffung vun der Duebelbesteuerung, kombinéiert mat anere Mesuren, soll d'Kompetitivitéit vu Lëtzebuerg verbessern. D'UEL recommandéiert, d'Investissementer an d'Betriber ze ënnerstëtzen, dat am Beräich vun der Innovation, der Nohaltegekeet an dem Digitalen. D'Attraktioun an d'Retention vun Talenter soll dynamiséiert ginn, dat duerch fiskalesch Avantagé fir d'Betriber, déi Weiterbildung ubidden.

D'Modernisatioun vum Steiergesetz fir d'Betriber gëtt och vun der Handelskummer thematiséiert. Si seet zum Beispill, dass een de Betriber méi entgéintkomme muss, fir Amenagementen ze maachen, wa se hir Steierscholden net direkt begläche kënnen.

Den Nohaltegekeetsrot leet den Akzent op Steierreformen, déi d'Betriber zu engem Wirtschaftsmodell féiere sollen, deem op d'Kreeslafwirtschaft opbaut an deem zu engem energieateschen an digitalen Iwwergang féiere soll. Fir dat ze erreechen, sollen de Betriber cibléiert Steiervergëschtegungen zougesprach ginn.

Eng weider grouss Thematik ass déi international Steierreform fir d'Betriber, a méi genau déi decidéiert OECD-Reegelen, déi sech op zwee Piliere stäipen, fir déi steierlech Erausforderungen an enger globaler an digitaler Welt unzegoen.

Den éischte Piler betrëfft Betriber, déi e Chiffre d'affaires vun iwwer 20 Milliarden Euro an 10 % Profitabilitéit hunn. 25 % vum Profit, deem de Seuil de profitabilitéit vun 10 % iwwerschreit, soll de Länner, wou de Marché stattfonnt huet, reallouéiert ginn. Fir d'OECD huet den éischte Piler en éischter limitéierten Impakt op Lëtzebuerg, well de Finanzsektor, also déi reguléiert Finanzdëngschtleeschungen an d'Fongindustrie, net am Champ d'application mat abegraff ass.

Am Kader vum zweete Piler soll e globale Mindeststeuersaz vu 15 % fir grouss Betriber agefouert ginn. Mee den Impakt op d'Steierrecetten zu Lëtzebuerg ass nach ongewëss, well dësen och vum Behuele vun de Steierpflichtegen ofhänkt. Duerch e méi héijen Zënssaz kéint dës Reform theoreetesch méi Recetten an d'Staatskeess eraspullen, ma et besteet awer och de Risiko vun Delokalisatiounen.

Zu gudder Lescht geet aus dem Rapport ervir, dass déi verschidde Beruffskummeren an Organer sech all eens sinn, dass d'Steierverwaltung méi staark digitaliséiert an de Steiersystem vereinfacht soll ginn. D'Steierrecht gëtt fir de gewéinleche Steierzueler nämlech lues a lues méi komplizéiert an onduersichteg.

Voilà. Dat war et dann elo fir den éischten Deel vum Rapport. E Rapport, deem déi verschidde Steierkategorien an hire respektive Poids am Staatsbudget opweist. Doriwwer eraus sinn am Kader vun den Entrevuen och Léisungsvirschléi komm, fir den Ufuerderunge vun haut a vu muer, denke mer just un den Émwelt- a Klimaschutz, gerecht ze ginn.

Éier ech elo dem Gilles Roth d'Wuert ginn, wëll ech dovunner profitéieren, fir all deene Merci ze soen, déi un dësem Rapport matgewierkt hunn, besonnesch och all den Acteuren, déi der Kommissioun Ried an Äntwert stoungen. Merci och besonnesch dem Gilles Roth fir déi wierklech onkomplizéiert a kollegial éierlech Zesummenaarbecht.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler** (DP), corapporteur | De Gilles Roth wäert elo op d'Besteuerung vum Kapital a vum Konsum agoen a schlussendlech d'Haapttheeme vum Rapport nach eemol eng Kéier opgräifen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Corapporteur André Bauler. An d'Wuert huet elo den Här Corapporteur Gilles Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV), corapporteur | Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Minister, „D'Politik fänkt mat der Betruechtung vun der

Wierklechkeet un.“ Dat ass e Saz vun engem Mann, dee scho vill Steierdebatte gefouert huet, nämlech de fréiere Staats- a Finanzminister, de Jean-Claude Juncker.

Mat genee dëser objektiver Betruechtung vun der fiskalescher Wierklechkeet wëlle mir dës Orientéierungsdebat iwwert d'Modernisatioun an d'Defie vun eise Steiersystem och ufänken. Ech knäppen do eigentlech nahtlos un u mäi Kolleg a Corapporteur – a merci fir déi léif Gléckwënsch, André, ech gi se zréck –, den André Bauler, deem ech wëll wierklech Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht bei der Ausaarbechtung vun dësem Rapport an och fir seng mëndlech Presentatioun.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV), corapporteur | Ech wëll dann awer och deenen anere Membere vun der Finanzkommissioun Merci soe fir dat Vertrauen, wat se eis entgéintbruecht hunn, fir en objektive Rapport, dee faktuell ass, virzeleeën, an och de Beamten aus de Ministère, diverse Verwaltungen, virop de Steierverwaltungen. Der Douane soen ech och e grouse Merci. An dee selwechte Merci géllt de Vertrieber vun den diverse Beruffskummeren, déi gutt Avise gemaach hunn: der UEL, dem Wirtschafts- a Sozialrot an och dem Nohaltegekeetsrot. Op dëser Plaz wëll ech e ganz besonnesche Merci soen – si sëtzt douewen – der Madamm Cristel Sousa fir hir Aarbecht, fir hiren Asaz an hir Disponibilitéit bei der Verfaassung vun dësem Rapport.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV), corapporteur | Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, den André Bauler huet elo grad eng Beschreiwung gemaach vun der Akommesteier an de faktuellen Entwécklungen iwwert déi lescht Joren. Mäi Bericht – an den André Bauler huet et virdru gesot – bezitt sech op d'Kapitalbesteuerung an d'Konsumbesteuerung mam Fokus op d'Akzisen.

Dee leschten Deel vu menger Presentatioun ass, grad ewéi den André Bauler dat gemaach huet, eng Zesummefassung vun den Avisen, déi komm sinn, a wou ee gesäit, wéi ganz ënnerschiddlech d'Leit am Land déi verschidde steierlech Moosnamen bewäerten. An dat ass eigentlech de roude Fuedem, deem och dës Orientéierungsdebat, mengen ech, sollt leeden.

Zur Kapitalbesteuerung. Ech kucken, dass ech dat méi séier an einfach iwwert d'Bün kréien. D'Kapitalbesteuerung, do kenne mer zu Lëtzebuerg zwou Zorten: éischters déi Kapitalsteuer, déi een op dem Räichtum huet, dorënner d'Vermögenssteuer an d'Grundsteuer, an zweetens d'Kapitalsteuer op deem Räichtum, deem een iwwerdréit. An do falen drënner: den Droit d'enregistrement, d'Taxe d'abonnement an och d'Ierfschaftsteuer, jo, respektiv d'Mutatiounsrechter.

Här Präsident, wann ee sech d'Zuelen ukuckt, da stellt ee fest, dass d'Einnahmen iwwert d'Enregistrementsrechter déi gréisste Progressioun zwëschen 2016 an 2021 gemaach hunn, nämlech 87 % innerhalb vu fënnf Joer. Dat ass e Plus vun 259 op 485 Milliounen Euro Enregistrement. Ech mengen, dass huet haaptsächlech och ze di mat deenen héijen Immobiliepräisser iwwert déi leschte Joren, well den Enregistrementsrecht jo haaptsächlech op dem Verkauf vun Terrainen a vun Immobilie fält.

Op zweeter Plaz kënn – elo haalt Iech gutt un! – d'Vermögenssteuer mat 57 %. Déi ass och vu 509 op 801 Milliounen eropgaangen an déi gëtt bekanntlech zënter dem 1. Januar 2006 reng vun de Betriber, déi zu Lëtzebuerg usäseg sinn, bezuelt.

An da kënn als Drëtt d'Taxe d'abonnement. Déi ass ëm 42 % geklommen, dass och vill, vun 900 Milliounen op 1,2 Milliarden zwëschen 2016 an 2021. An

do falen natierlech dann haaptsächlech d'Investmentfongen dran.

Wann een awer kuckt, wat d'Kapitalsteuer an de Gesamtrecettë vum Staat ausmécht, dann ass dat éischter bescheiden. D'Taxe d'abonnement, dat si 7 % vun de Gesamteinnahmen, d'Verméigenssteuer 4 % an d'Enregistrementsrechter ganzer 3 %.

Zur Verméigenssteuer. Es Lëtzebuerg, ech hunn et virdu gesot, gëtt et eng Verméigenssteuer, déi gëtt eigentlech just op de Kapitalgesellschaften, also op de Betriber, opgehuewen. Déi usäseg Betriber zu Lëtzebuerg bezuelen déi Verméigenssteuer fir dee Besët, dee se zu Lëtzebuerg an am Ausland hunn. An 2006 – Dir kënnt Iech erënneren, dat waren heroesch Debatten heibannen – ass d'Verméigenssteuer fir d'Privatleit ofgeschaaft ginn, mee si ass awer ersat ginn duerch déi sougenannte RELIBI (ndlr: retenue à la source libératoire). Dat heescht, dat ass d'Quellesteuer, déi d'Privatleit op hiren Erspuernesser an ugeleinte Produkter bezuelen.

D'Verméigenssteuer ass och evoluéiert. 2021 waren et 801 Milliounen Euro. Laut dem Wirtschafts- a Sozialrot erkläert déi Entwécklung sech duerch Ännerunge vun der Verméigenssteuer. An ech ginn do e bëssen historesch zrëck, dat war 2011/2012 an där Kris, wou notament ënnert der Sozialistescher Partei déi Fuerderung komm ass, dass déi Mindestbesteuerung vun de SOPARFie sollt an d'Luucht goen. An do sinn awer beträchtlech Suen an de Staatsbeidel erakomm.

Déi sektoriell Opdeelung vun der Verméigenssteuer. Dat verwonnert Iech net: Zu 86 % kënnt déi aus dem Finanzsektor. D'Banken beleen domat déi zweet Plaz mat 7 %. An et ass och esou, dass 75 % vun der Verméigenssteuer duerch 3,27 % vun de Steuerzueler bezuelt ginn. An elo haalt Iech gutt un: 0,08 % vun de Steuerzueler bezuele 25 %, dat heescht ee Véierel, vun der Verméigenssteuer!

Zur Grondsteuer. Dat ass jo eng vill diskutéiert Steuer. Och eng Kéier kuerz gesot, em wat et do geet. D'Grondsteuer ass eng Gemengesteuer, déi vun de Gemengen op Grond a Buedem erhuewe gëtt. Déi Grondsteuer, dat ass ganz komplizéiert, wéi se berechent gëtt. Dat sinn Eenheitswäerter, wou keen esou richtig weess, wéi se da festgeluecht ginn. Da gi se multiplizéiert mat engem staatlechen Taux, fir et vereinfacht ze soen. An da kënnt do nach e kommunalen Taux, dee ganz ënnerschiddlech ass zwëschen där enger an där anerer Gemeng am Land. Den André Bauler huet et virdu gesot, et ass eigentlech esou wéi bei der Gewerbesteuer, wou d'Gemengenautonomie seet, wéi héich dann déi Grondsteuer bei hinnen ass.

De Problem vun der Grondsteuer ass eigentlech graff gesot deen, dass déi Eenheitswäerter, dat heescht déi Bewäertung, déi op den Terrainen an op den Immobilien läit, op 1941 – dat verwonnert Iech net, dat war d'däitsch Besatzung – zrëckgeet. An do kommen alleguerten déi Problemer, mir wäerten dat herno sécher diskutéieren, déi mat der Grondsteuer an enger eventueller Reform zesummenhängen.

Dann ass eng Partikularitéit bei der Grondsteuer, déi ass vun enger vireger Regierung agefuert ginn, nämlech dass e sougenannten „Taux B6“ méiglech ass. Wat ass den Taux B6? Mee dat si Bauplazen, déi als solch ausgewise sinn an déi net bebaut sinn. Eis gréng Kollege géife soen, dat ass en Deel vun de Baulücken.

**Une voix | Très bien!**

**M. Gilles Roth** (CSV), corapporteur | An op deem B6, dat heescht déi fräi Bauplazen, do spillt besonnesch déi Tariffautonomie vun de Gemengen, well déi eigentlech déi vill méi staark besteiere kënnen. An do

sinn eenzel Gemengen – elo haalt Iech gutt un! –, déi eng, déi berechnen do en Taux vun 200, an anerer ee vun 1.050. Dat heescht, dat geet vun eent bis fënnf. Bei 1.050, kann ech Iech soen, do deet et awer fir déi Leit, déi déi fräi leie loossen, richtig wéi.

D'Entwécklung vun der Grondsteuer, déi ass eigentlech esou, dass hire Poids bei de Steuerrecettë vum Staat ëmmer méi erofgaangen ass. 1970, nëmmen zum Vergläich, waren et 1,6 % vun de Gesamteinnahme vum Staat an 2020 – dat ass dee leschten Taux – nach just 0,24 %. Dat heescht, all déi déck Immobilien, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, déi bebaut plus déi Stécker, déi dorëmmer leien op 2.586 km<sup>2</sup>, maache genau 0,24 % vun de staatlechen Einnahmen aus.

Ech wëll Iech net domadder belästegen, mee Dir wësst, dass dat an anere Länner vill méi héich ass. Bei eis d'Grondsteuer, dat sinn 39 Milliounen Euro. An Däitschland sinn et 13,3 Milliarden. Däitschland ass méi grouss, et sinn och méi Gebaier do, mee fir den Ennerscheed ze geseen.

Da komme mer zu den Enregistrementskäschten. Ech kann och do méi séier driwwer ewechgoen. Do gëtt et zwou Zorte vun Enregistrementskäschten. Dat eent ass den Enregistrement, deen d'Affekte kennen, wa se eppes authentifizéiere loossen. Dat sinn 12 Euro fir den Akt. Dat kënnen awer fir verschidde kommerziell Akten, zum Beispill vu Gesellschaften, 75 Euro sinn, also och nach keen héije Präis, wann Der kuckt, wat eng Duerchschnittsstonn vun engem Staatsbeamte kascht.

An da gëtt et awer och eng proportional Steuer. An déi ass variabel, déi geet vun 0,24 % bis op 14,4 %. Dat ass eigentlech dat, wat mir deen traditionellen Enregistrement nennen, dee gezu gëtt, wann een en Terrain oder en Haus verkeeft, wat schonns gebaut ass.

Mee d'Enregistrementskäschte schwanken och. Déi maache 485 Milliounen Euro aus. Mee den Impakt vun den Enregistrementskäschten ass iwwert déi leschte Jore vun 3,75 % op 2,16 % erofgaangen.

Dann hu mer bei den Enregistrementskäschten eppes, wat mer de sougenannte „bëllegen Akt“ nennen. Dat versteet jiddwereen. Wat ass dat? Ma dat ass e Steierkredit, deen d'Leit kréien, wa se en Ukaf maache vun enger Immobilie, déi se fir sech selwer a fir eege Wunnzwecker benotzen. Do kritt Der e Steierkredit, deen ass bei 20.000 Euro pro Persoun – pro Persoun, muss ee soen – an engem Stot. Dee mécht, wéi d'Leit aus dem Enregistrement soen, en Dechet fiscal – dat heescht, de Staat verléiert doduerjer, dass en net kann de vollen Enregistrement zéien, mee de Leit de Steierkredit soll ginn – vu 185 Milliounen Euro netto pro Joer.

Da kommen ech séier zur Taxe d'abonnement. D'Taxe d'abonnement gëtt haaptsächlech opgehuewen op de sougenannten Investissementsfongen oder wann déck – oder räich – Familljen hiert Verméigen a sougenannte „Familljeverméigensverwaltungen“ dran hunn. An dat ass eng Eenzegeartegkeet zu Lëtzebuerg, well eise Recherchen no gëtt et keen anert EU-Land, wat eng Taxe d'abonnement huet.

Déi Taxe d'abonnement bréngt awer dem Lëtzebuerger Staat richtig vill Geld. Ech hunn dat virdu gesot. Dat sinn de Moment 1,3 Milliarden. Dat ass awer e beträchtliche Chiffer. Firwat? Mee well einfach déi Taxe d'abonnement gezu gëtt op den Investmentfongen a wou Milliarden a Milliarden zu Lëtzebuerg eebe gebunkert sinn, soudass ee mat engem relativ niddregen Taux natierlech e grouse Montant erakritt.

Mee ech wëll soen, nach eng Kéier: Dat ass eng Partikularitéit zu Lëtzebuerg. Et ass laut der europäescher Legislatioun méiglech, mee Lëtzebuerg ass dat eenzeg Land, wat déi erhieft.

An dann zur Ierfschaftssteuer, den Droit de succession et de mutation. D'Ierfschaftssteuer, dat wësst Der, gëtt opgehuewe fir all usäsege Steuerzueler zu Lëtzebuerg. An dat wëssen d'Leit oft net dobaussen: Fréier hu se d'Bom oder d'Tatta op eemol an d'belsch Altersheimer gesat an da koum herno déi béis Iwwerraschung dee Moment, wou déi betrafte Persoun verscheet ass. Firwat? Mee et gëtt gekuckt, wou ee wunnt. Do, wou ee wunnt, gëtt d'Ierfschaftssteuer gezunn. An dat zielt fir e Lëtzebuerger op sengem Verméigen, wat en zu Lëtzebuerg huet, mee och nach eventuell an anere Länner vun där Welt.

An direkter Linn, dat heescht Papp, Mamm, Bopi an esou, gëtt zu Lëtzebuerg – och eng gewësse Partikularitéit – keng Ierfschaftssteuer erhuewen. Mee si gëtt awer erhuewen op all aneren Ierfschaften, déi gemaach ginn. An do kann heiansdo och emol eng ganz déck Iwwerraschung kommen, well et steet zwar am Gesetz, dass et nëmmen en Taux ass zwësche 6 % a 15 %, mee op deem Taux ginn nach Pourcentages additionnels drop gerechent, jee nodeem wivill ee verierft.

An Dir hutt ëmmer méi Leit, déi kee Verwandtschaftsgrad méi hunn, well si hir Liewensplanung esou gemaach hunn, dass se vläicht en zweete Partner hunn, wou se sech net onbedéngt bestueden. An da gëtt dat richtig deier, well nämlech déi Tariffer vun der Ierfschaftssteuer zënter 1984 net méi inflationsberengegt gi sinn.

Fréier waren et ëmmer 72 Milliounen Lëtzebuerger Frang, dat heescht, dat ass e Chiffer vu ronn 1,7 oder 1,8 Milliounen Euro. Elo sot Der: „Dat ass vill!“ Dat ass awer mat deenen Immobiliepräisser net d'Welt! Wësst Der, wat Der dorobber vun Enregistrementskäschte bezuelt, wann Der kee Verwandtschaftsgrad hutt, zum Beispill zwee, déi als Partner zesummeliewen? Dat sinn 48 %. Dat heescht, do gitt Der carrement vun esou Immobilien, wann déi verierft ginn, d'Hallschent dem Staat of. An ech brauch Iech net d'Bild ze molen, dass vill Leit, besonnesch wa se am Alter sinn, vläicht net onbedéngt d'Liquiditéiten hunn, fir dat ze bezuelen.

Elo sot Der: „Wat bréngt dann d'Ierfschaftssteuer, déi net an direkter Linn gezu gëtt, der Staatskeess?“ Ma dat sinn 117 Milliounen Euro pro Joer. Dat ka mol méi oder manner sinn, deemno fir wat fir eng gréisser Fortunnen eeben Ierfschaftssteuer bezuelt gëtt oder net.

Ech kommen da bal zu dem Schluss. Dat sinn d'Avisen, déi gemaach goufen. D'Verméigenssteuer. Do seet d'Patronatsverriedung, et sollt een d'Verméigenssteuer op de Betriber erofsetzen, d'Salariat natierlech net.

Zur Grondsteuer. Do seet d'Staatsbeamtekummer, dass ee sollt eng Upassung maache vum Tarif vun der Grondsteuer mat Aktualiséierung vun den Eenheitswäerter.

Zur Immobilienspekulatioun. Do ass d'Staatsbeamtekummer – ech ginn e bësse méi séier driwwer ewech, de Rescht kënnt Der an dem schrëftleche Rapport noliessen – fir eng Steuer, déi reng op d'Spekulatioun geménzt ass. Esou eng Steuer dierft awer net d'Immobiliepräisser nach weider befeieren. Si schwätzt sech géint eng Wäertzuuwwessteuer aus. All Besteuerung géint Spekulate misst um Notzwäert, dat heescht der Valeur locative, erhuewe ginn.

An d'Salariatskummer, dat heescht d'Chambre des Salariés, fuerdert eng Steuer, wann een Immobilien zrëckhält.

De Wirtschafts- a Sozialrot fuerdert eng Kategorie B6, wat ech virdu gesot hunn. Déi misst méi verpflichtend



si fir d'Gemengen, well et ass de Gemengen eigentlech fräigestalt, ob se eng extra Kategorie virgesi fir Terrainen, déi bebaut sinn oder net.

Zur Konsumbesteuerung. Do ass et eng Entwécklung, déi de Moment mécht, dass mer ronn 6,3 Milliarden Euro um Niveau vun dem Konsum eranhuelen. Wat ass dat? Majo, dat ass d'Besteuerung vum Tubak, dat ass d'Besteuerung vun dem Alkohol an dat ass och d'Besteuerung vun den energieatesche Produiten, wou natierlech dann, dat wësst Der, och TVA drop agehale gëtt.

Zu den Akzisen. Dir wësst, en Deel vun den Akzisen huele mer zesummen an der UEBL, dat ass d'Union économique belgo-luxembourgeoise, an. Mir hunn awer och eegen Akzisen, zousätzlech zu deene vun der UEBL oder déi sech drop bezéien.

D'Steierrecetten, déi op den energieatesche Produiten an dem Elektreschen erakommen, si beträchtlech. Dat sinn 2021 954 Milliounen Euro gewiescht, dat heescht bal eng Milliard iwwert d'Taxatioun vun de Produits énergétiques, wou d'TVA natierlech mat dran ass.

Dann e Bléck op d'CO<sub>2</sub>-Steier. Dir wësst, dass den 1. Januar 2021 d'CO<sub>2</sub>-Steier agefouert gouf. Déi ass och viraussichtlech dann 2022 25 Euro d'Tonn an 2023 ass déi viraussichtlech op 30 Euro. Dat mécht beim Diesel 8,44 Cent aus, beim bläifraie Bensinn sinn dat 9 Cent (veuillez lire: 6,9 Cent) pro Liter.

Dann hu mer och nach d'Tubakbesteuerung. D'Tubakbesteuerung, wësst Der, wat do erakomm ass 2021? 2021 louchen d'Einname vun der Tubaksteier zu Lëtzebuerg bei 750 Milliounen Euro. 750 Milliounen Euro! Dat heescht, d'Tubaksteier, dat sinn 12,1 % vun de gesamte Recetten, déi de Lëtzeburger Staat anhëlt. An déi Recetten, déi si vun 2016 bis 2021 ëm 41 % an d'Luucht gaangen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Kennt Der de Prozentsaz vu bannen a vu baussen?

**M. Gilles Roth** (CSV), corapporteur | Jo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Kennt Der dee Prozentsaz?

**M. Gilles Roth** (CSV), corapporteur | Da sot en.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Deen ass 80:20.

**M. Gilles Roth** (CSV), corapporteur | Jo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | An dat ass nach iwwerdriwwen!

**M. Gilles Roth** (CSV), corapporteur | Jo. Et ass och haaptsächlech esou, dass déi gréisst Recette um Tubak op deem Tubak ass, deen net an den Zigaretten direkt dran ass, mee dat sinn déi grouss Päck oder Fässer. Mee et ass awer beträchtlech: 750 Milliounen Euro Tubakeinname pro Joer fir de Lëtzeburger Staat!

Da kommen ech zum Schluss.

*(Interruption)*

Dat ass d'Alkoholbesteuerung. D'Alkoholbesteuerung huet 2021 68,7 Milliounen Euro an d'Staatskeess bruecht. Alkohol, wësst Der, wou dat berechent gëtt? Mee op dem Béier, um Wäin, Zwëschennotzungsertrag an Alkohol mat méi wéi 22 %. An da gëtt et nach eng sougenannt „surtaxe“ op den Alkopops. Dat war fréier dat, wat déi Jonk op den Tankstelle kaaft hunn, an ech mengen, dat war eng richteg Decisioun, dass déi deemoleg Regierung higaangen ass an do eppes dropgeschloen huet, well déi Jonk natierlech all dee „Breezer“ an ech weess net Gott wat kaaft hunn. Dat war séiss, dat war wéi Limonad, mee et war en héijen Alkoholswäert do dran! An ech gesinn hei den Här

Mars Di Bartolomeo, dee strahlt schonn, well hien eng vun den dreiwende Kräfte war als deemolege Santésminister, fir dat ze maachen, zesummen iwwergens mat dem Luc Frieden als deemolege Finanzminister.

*(Interruption)*

Dir wësst dann och – an da sinn ech bal um Schluss –, dass d'Avisen, besonnesch wat d'Konsumkäschte betrëfft, natierlech ganz ënnerschiddlech sinn. D'Staatsbeamtekummer zum Beispill huet verschidde Retizenzen ugemellt um Niveau vun der CO<sub>2</sub>-Steier. Si seet: „Jo, mir si géint de Klimawandel“, mee si mécht och op déi sozial Auswierkunge vun deem Surplus u Steieren opmierksam.

Den Nohaltegekeetsrot dann – ech wëll dat och eng Kéier ënnersträichen, deen hate mer och an der Kommissioun – ass eigentlech fir eng TVA-Befreiung op nohaltege Ressourcen, eng TVA-Befreiung op nohaltege Ressourcen.

An da kommen ech wierklech zur Konklusioun.

Déi Sujeten, den André Bauler huet et schonns ugeschwat, wat sinn déi Sujeten, déi eigentlech vun der Kommissioun a vun den eenzelnen Avisen zrëckbehale goufen a wou et eigentlech an enger Orientéierungsdebat – mir diskutéiere jo net iwwer e Steiergesetz elo hei, mee an enger Orientéierungsdebat – erwünscht wier, wann déi politesch Acteure géifen hir Konklusiounen zéien?

Dat ass, den André Bauler huet et gesot, éischtens e méi progressive Steierbarème. Méi Tranchen aféieren. Wéi steet et mat der Upassung vum Steierbarème un d'Inflatioun? Wat mécht ee mat de sougenannte „Monoparentallen“, de Wittfraen oder de Wittleit an der Steierklass 1a? A wéi steet et mat der Aféierung – déi Iddi ass jo och opgefouert ginn – vun engem eenzege Steierbarème?

Mir hunn ee Steiertariff, mee Dir wësst, dass mer dräi Steierklassen hunn. Dat ass d'Steierklass 1, Jonggesellen, jo, Leit. Jonggesellen ass eigentlech keen adequat Wuert. Dann an der 1a sinn haaptsächlech Wittleit iwwer 65 Joer a Leit, déi getrennt sinn. An dann d'Steierklass 2, Leit, déi zesumme wunnen an och zesumme veranlaagt ginn, well se bestuet sinn oder, wa se déi Option huelen, well se gepacst goufen.

Dat wieren, graff gesot, mengen ech, déi Haaptpunkten aus mengem mëndleche Rapport. De Rescht kennt Der selbstverständlech an dem schrëftleche Rapport noliesen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauscheren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech soen dem Här Rapportier Gilles Roth villmools Merci fir säi Rapport a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner. An dat ass den honorabelen Här Gilles Roth.

*(Hilarité)*

**Débat**

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Et ass een duerfir net méi honorabel oder manner honorabel.

*(Hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | De Rapportier war natierlech honorabel!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Dat ...

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech gesinn, d'Mee-nunge ginn auserneen, ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo.

**M. Fernand Etgen**, Président | ... mee d'Wuert huet den honorabelen Här Gilles Roth.

*(Hilarité)*

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | A wann Der Recht hutt, dann hutt Der Recht!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Très bien!

Merci, Här President. Schaffe muss sech lounen, dofir Steierentlaaschtung elo! Grad an dësen Zäite vu Präisdeierecht, wou vill Leit net méi wëssen, d'Enner um Enn vum Mount zesummenzekréien. Dat zielt fir déi mat klengem Akommes, dat zielt och fir déi méi breet Mëttelschicht. De Mëttelstandsbockel gëtt net méi flaach vun eidele Walversprieche. An d'Mëttelschicht, Dir Dammen an Dir Hären, ass och net d'Mëllechkou vun der Staatskeess oder, graff gesot, vun der Natioun.

Schaffe muss sech lounen! Am Wuert „lounen“ ass de Begrëff „Loun“. En zentrale Begrëff fir eis als CSV, als Vollekspartei, an och e wichtegt Element vun dem Modell Lëtzebuerg. Well vum Loun, dovu muss ee kënne liewen, et muss een anstänneg kënne liewen, fir sech an och mat senger Famill. An als CSV sti mir zum Prinzip vum dem gerechte Loun an domat och vun enger gerechter Besteuerung.

D'Leit maache sech, besonnesch an dësen Zäiten, vill Gedanken ëm d'Zukunft. A virun allem déi jonk Leit ënner eis si vill vergiess ginn iwwert déi leschten zwee Joer. D'Fro vun der Gerechtegkeet an der Gesellschaft a virun allem op dem soziale Plang ass dofir fir eis essenziell. An d'Leit dobaussen hunn, och wa se dat net ëmmer soen, e feint a sensibelt Gespier. Et dierf een duerfir mat der sozialer Gerechtegkeet a mat der Steiergerechtegkeet an eisen Aen net liicht-fankeg ëmgoen.

An d'Politik ass och gefuerdert, well fir eis hänt och virun allem de sozialen Zesummenhalt domat zesummen

Sozial Gerechtegkeet heescht, deenen, déi net all d'Chancen hunn, ze hëllefen. An duerfir brauch de Staat Suen. Sozial Gerechtegkeet heescht fir eis awer och eng fair Ëmverdeelung vun dem Räichtum, woubäi Räichtum eppes ganz Relatives ass.

An absënns stellt sech natierlech do d'Fro vun engem gerechte Steiersystem. Eis däätsch Noperen, déi soen: „Mit Steuern steuern“. An deemno wien um Steierad sëtzt, kann d'Steierlandschaft emol ganz anescht ausgesinn. A keen huet do de Monopol vun der Steiergerechtegkeet!

D'Steierlandschaft ass weeder schwaarz, nach ass se wäiss. Et ass och eent vun deene weénege Politikfelder, wou d'Ënnerscheeder an der Lëtzeburger Politik- a Parteiewelt wuel nach am ausgeprägten sinn. An dat ass och gutt esou, well et ass en demokrateschen Austausch vun Iddien, dee mer och haut an dëser Orientéierungsdebat hunn.

D'CSV als Vollekspartei vun der Mëtt orientéiert sech u follgende Prinzipien: E staarke Staat, dee genuch Einnamen huet, fir dass de Rechtsstaat an dat Sozialt zu Lëtzebuerg kënne funktionéieren. Eng fair Chance fir jiddwereen. Eng gerecht Ëmverdeelung, an do musse breet Schellere méi droen. Schaffen, Dir Dammen an Dir Hären, muss sech och 2022 lounen! Manner Ideologie a méi pragmatesch Léisungen. De Geescht vun der Zäit erkennen an net all Zäitgeescht nolafen. Liewen a liewe loosse.

Dat zielt fir d'Leit. Dat zielt fir eis, awer och fir d'Betriber. An den Entrepreneursgeescht, grad dee brauchen

mir och zu Lëtzebuerg. An och vun eiser Wirtschaft lieft den Erfolgsmodell Lëtzebuerg. Eist Land brauch seng Betriber. Eist Land an d'Betriber schafen Aarbechtsplazen. Si brauchen Talenter. A si suergen och fir Diversitéit an Innovation.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mir gesinn als CSV – ech wëll dat ganz kloer soen – dervun of, Propose vun aneren ze zerrieden. Mir wëlle virun allem eis Virschléi ënnerbreeden. Dat maachen ech am Numm vun eiser Fraktion fir déi sougenannt Privatleit a Privatstéit. An de Laurent Mosar wäert viraussiichtlech de Mëtteg an eisem Numm op de Moosnamepaquet komme fir d'Wirtschaft an d'Betriber.

Eng éischt Moosnam betrëfft de Steiertariff. Dir Dammen an Dir Hären, graff gesot, véier Punkten.

Mir wëllen als CSV eng Inflationberengung vun der Steiertabell an dobäi den Agangsmontant vun 11.265 Euro elo, dat heescht dee Montant, wou een iwwerhaupt ufänkt, Steieren ze bezuelen, op 15.000 an d'Luucht setzen.

Zweetens: Mir wëllen, dass d'Steiertranchen an Etappe verbreedert ginn, bis herno op 2.500 Euro. A mir wëllen eng zousätzlech Steuertranche vu 45 % fir Spëtzeverdénger aféieren, zum Beispill ab engem Revenu vu 500.000 Euro, um wëllen en eventuell degressive Steierkredit fir Mindestlounempfänger aféieren, fir dass de Mindestloun zu Lëtzebuerg steierlech befreit ass.

Zum éischte Punkt, d'Inflationberengung vun der Steiertabell. Déi ass zënter 2017 net méi ugepasst ginn. Dat si ganzer fënnf Indextranchen. Dat sinn zwielef an en hallwe Prozent. A wie keng Indexberengung vun der Steiertabell mécht, Dir Dammen an Dir Hären, dee seet ipso facto: méi Steieren. Dat ass carrement eng Steiererhéijung!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | A fir d'CSV ass dat e falscht Signal. Et ass e falscht Signal grad an dëser Zäit, well d'Leit leiden dobaussen ënnert der Präisdeierecht! Si hu manner Kafkraaft. Si ginn duerch eng „kal Progression“, dat ass nämlech de Fachausdruck. Wann een d'Inflationberengung vun der Steiertabell net mécht, gi se steierlech méi belaaucht.

Dat ass an eisen Aen ekonomesch falsch. An et ass virun allem falsch, well grad Kleng- a Mëtzelverdénger am meeschten dorënner leiden. „Kalte Progression“, soen eis däitsch Noperen, ass „Steuer-mehrbelastung, die im zeitlichen Verlauf entsteht, wenn die Eckwerte eines progressiven Steuertarifes nicht an die Preissteigerungsrate angepasst werden“. A gudden Zäiten ass an eisen Aen, Dir Dammen an Dir Hären, verpasst ginn, en Apel fir den Dusch op d'Säit ze leeën.

**Une voix** | Jo. Ganz richtig!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Zanter 2017 bezuelen all d'Lëtzeburger an d'Leit, déi hei wunnen a schaffen, de facto 12,5 % méi Steieren. D'Devis „Mat manner méi“ ass richtig an eisen Aen. Nach muss ee se dann och an d'Wierklechkeet ëmsetzen! Et kann een och an eisen Aen eng Indexberengung an zwou Etappe maachen. Eng Indexberengung, Dir Dammen an Dir Hären, dat heescht, de Leit d'Suen zrëckginn, déi se virun duerch déi sougenannt „kal Progression“ vun de Steiererhéijunge bezuelt hunn.

Déi finanziell Envergure vun enger Indexberengung, den André Bauler huet et gesot, ass geschat bei ronn 600 Milliounen Euro. Mee et gëtt een de Leit eppes zrëck, wat se virdu geliwwert hunn! An ech ka jo awer net soen, dass, wann ech engem eppes geholl hunn an ech ginn et herno zrëck, dat eppes kascht.

Zum Verglach: Tëscht 2022 an 2021, dat heescht geschat vun dësem Joer op d'lescht Joer, hunn d'Lounempfänger, dat sinn déi Leit, déi géint Loun a Gehalt zu Lëtzebuerg schaffen, 695 Milliounen Euro méi Steiere bezuelt. 695 Milliounen Euro méi Einnahme vun engem Joer op dat anert eleng un der Lounsteuer!

Wann een dat ze héich fënnt, Dir Dammen an Dir Hären, da muss een natierlech och de Leit erklären, wéi een de Leit konnt, esou wéi dat am Regierungsprogramm virgesinn ass, wéi eenzel Parteien dat an hirem Walprogramm stoen haten, d'Steierklass 2 fir jiddweree versprochen, wou de Käschtepunkt all Joer 1,85 Milliarden Euro ass, also glat dat Dräifacht vun enger Indexberengung.

Zweite Punkt: Den Agangsmontant vun der Steiertabell, dat heescht dee Montant, ab deem een iwwerhaupt Steiere bezilt, war 2002, ënner enger schwaarz-bloer Koalition, op 9.750 Euro festgeluecht ginn.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

2007/2008, Dir Dammen an Dir Hären, kum et zu enger Indexberengung vun der Steiertabell an zwou Etappen op insgesamt 15 %. Wivill Indextranchen waren dann zwëschen 2007 an 2008 oder 2009 erfall? Mee genau sechs. Dat heescht, déi deemoleg CSV/LSAP-Koalition – a schwiergezeiten Zäiten, well mir haten d'Bankekris 2007 – huet dee richtige Schratt gemaach. An den Här Juncker huet dat op dëser Plaz gesot, am Numm vun der ganzer Regierung, en huet gesot: „Wann et dem Land net gutt geet ...“

An den Impakt, de finanziellen Impakt op de Budget, dee war enorm. Firwat? Mee well 75 % vun de gesamte Betribssteiere vun eisem Bankesektor komm sinn, well jo och d'Leit, déi an der Bankewelt schaffen, sengerzäit hu musse relativ considerabel Gehaltsverzierter hinhuelen. Do huet den Här Juncker gesot, am Numm vun der deemoleger Regierung: „D'Leit brauche grad elo méi Kafkraaft, fir d'Land ekonomesch duerch d'Kris ze féieren.“ An et ass dee selwecht Rasonement, dee mir elo och féieren.

Den Agangsmontant, Dir Dammen an Dir Hären, ass den 1. Januar 2009, ech hunn et virdu gesot, op 11.265 Euro festgeluecht ginn. Deen ass geschloen eelef Joer, villméi 13 Joer, onverännert. Zanter 2009 a bis 2022 läit den Agangsmontant, ab deem ee Steiere bezilt, op deem selwechten Niveau.

An där selwechter Zäit, Dir Dammen an Dir Hären, gouf et eelef Indextranchen. Eelef Indextranchen! Et gouf keng Adaptation vum Steieragangsmontant. A wësst Der, wéi héich de Steieragangsmontant misst sinn, wann een e just indexberengt hätt? Ma da géif den haut bei 14.365 Euro leien. An aus deem Grund, Dir Dammen an Hären, an opgrond vun deenen Explikationen, déi ech der Chamber elo ginn hunn, proposéiert d'CSV, den Agangsmontant op 15.000 Euro festzeleeën. Firwat? Majo, well domat och déi zwou nächst Indextranchen automatesch matkompenséiert wieren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Et ass och e soziaalt Argument, wat do spillt, well grad duerch en Neteropsetze vun dem Steieragangsmontant, wie gëtt do am meeschte belaaucht? Dat ass net de Spëtzeverdénger, mee dat ass virun allem den klengen a Mëtzelverdénger, well den e groussen Deel vu sengem Akommes schonn an niddregen, mee a konsequente Steiertranchen besteiert kritt. A setzt een den Agangsmontant méi héich, da behält en e groussen Deel steierfräi.

Mir soen och, d'Steiertranchen schrëttweis ze verbreedern. Déi sinn de Moment bei 1.950 Euro.

Indexberengt hätte mer déi elo schonn op 2.200, duerfir soe mer, etappeweis bis 2.500 eropzefieren.

Firwat? Mee e ganz einfach Beispill: Well trotz Inflationberengung bezilt eng Persoun, déi 50.000 Euro am Joer verdéngt – dat ass manner wéi den Duerchschnittsloun zu Lëtzebuerg, dee läit OCDE-geschat bei ronn 65.000 Euro –, op engem groussen Deel vun hirem Akommes méi wéi 40 % Steieren. A lo sot Der: „50.000 Euro!“ Ech kann dat awer och deklinéieren. Ouni 13. Mount ass dat eng Brutttopai vu 4.000 Euro. Eng Brutttopai vu 4.000 Euro, dat ass an der Steuerklass 1a en Nettoloun vun 3.100 Euro oder bei enger Wittfra oder engem Wittmann 3.100 Euro Pension.

Mee mat 3.100 Euro netto de Mount, wou Wunnkäschen ofginn, wou Transportkäschen ofginn, wou gegebenefalls och nach Kanner mussen materduerchgeholl ginn an där Famill, do beweegt Der um Enn vum Mount – an ech mengen, d'Enn vum Mount kënnt do scho ganz oft vill méi fréi – net méi ganz vill zu Lëtzebuerg. An dann där net vill geschéien, dann där keng Spullmaschinn doheem futtifieren, fir nëmmen eppes Einfaches ze huelen, de Brëll vun de Kanner där net futtifieren an et där näischt un d'Zänn kommen, weeder vun de Wittleit iwwer 65 Joer nach vun de Kanner. A mir soen do och ganz kloer: Schaffe muss sech lounen!

En drëtten Punkt, ech hunn et virun ugeduecht a gesot, dat ass eng zousätzlech Steuertranche vu 45 % fir Spëtzeverdénger. Eng zousätzlech Steuertranche fir Spëtzeverdénger, firwat? Well mir soen: Wann eng Persoun 500.000 Euro versteierlecht Akommes pro Joer zu Lëtzebuerg huet, da muss déi och an dësen Zäite bereet sinn, fir dem Staat, an domadder der Allgemengheet, eppes weider ofzeginn.

Firwat maache mer dës Indexberengung an Upassung vun der Lounsteiertabell? Ech soen Iech einfach am Resümee dräi konkret Chifferen. D'Lounsteuer war 2000, also virun 22 Joer, 47 % vun de gesamten Einnahme vum Staat. Haut, wivill mengt Der, dass se ass? 57 % vun de Gesamteinnahme vum Staat. Dat heescht, déi Leit, déi géint Loun a Gehalt schaffen ginn, hunn 2000 47 % fir d'Steieropkommes bäigedroen an 2022 57 %.

D'Steieropkommes ..., well dat muss een och consideréieren. Am Joer 2000 war d'Steieropkommes, dat d'Betriber bezuelt hunn an dat d'Privatleit bezuelt hunn, am Equiliber. 1,4 Milliarde fir d'Betriber an 1,4 Milliarde fir d'Privatleit. Haut ass et e reegelrechten Desequilibrium. 2,8 Milliarde fir d'Betriber, a wivill mengt Der fir d'Privatleit? 5,6 Milliarden! Dat heescht, dat war 2000 nach am Equiliber, an do war jo och eng Iddi hannendrun, dass ee gesot huet: „Mir kucken, dass d'Betriber an d'Privatleit gläichméisseg zu dem Steieropkommes bäidroen.“ Do ass haut eng Diskrepanz, déi ass carrement dat Duebelt.

En drëtten Punkt ass den ... a mir beschäftegen eis do eleng mat der Lounmass. D'Lounmass huet sech vun 2000 op 2022 verdräifacht. An d'Akommessteuer, Dir Dammen an Dir Hären, huet sech an deem selwechten Zäitraum vervierfacht.

An de järeche Bruttoloun vun engem Duerchschnitts-aarbechter, esou nennt d'OCDE dat, loosse mer soen en Duerchschnittssalarié, louch 2000 bei 35.000 Euro brutto. Dee läit 2021 bei 65.000 Euro brutto. Deen ass also ëm 182 % (veuillez lire: 85 %) an d'Luucht gaangen.

Wësst Der, wat de Revenu disponible ass? Dat heescht, wou d'Steieren an d'Sécurité sociale of sinn, woubäi den Taux vun der Sécurité sociale 2000 dee selwechte war, wéi en elo ass. De Revenu disponible



ass vu 25.000 Euro 2000 op 44.000 Euro an d'Luucht gaangen, nämlech ëm 173 % (veuillez lire: 76 %). Wat wëll ech domadder soen? Mee d'Leit hu brutto méi an der Pai kritt a se behalen netto manner. An duerfir, déi véiert Propos ass déi, dass d'CSV derfir plädéiert, de Mindestloun, den net qualifizéierte Mindestloun, wëll ech preziséieren, steierfräi ze maachen.

Ech wëll dat awer preziséieren. Dat heescht net, dass mir wëllen, dass den Agangsmontant, ab deen ee Steiere bezilt an der Steiertabell, géif op de Montant vum Mindestloun an d'Luucht gesat ginn. Dat wiere ronn 23.000 Euro. Dat ass net ze finanzéieren. Den André Bauler huet et virdru gesot, dat wier e järeliche Käschtepunkt vun 1,85 Milliarden Euro.

Mee dat, wat eis Propos ass, dat ass: Déi Leit, déi um Mindestloun schaffen an nach Steiere bezuelen ... an dat sinn haaptsächlech déi, déi an der Steierklass 1 sinn, well an der Steierklass 2 an deelweis an der Steierklass 1a, mengen ech, fält an der Reegel keng Steier méi un. Do ass eis Propos, dass een da sollt de Crédit d'impôt um Mindestloun gegebenefalls vu 70 op 75 Euro pro Mount an d'Luucht setzen. Well eise Berechnungen no – ech soen awer net, dass dat der Weisheit letzter Schluss ass – fält do mat deene Méiglechkeeten, déi een huet, Sonderausgaben, verschidden Abattements, net méi esou vill Steier un. Mee dass een e variable Steierkredit deene Leit géif ginn, dat heescht, dass een, deen um Mindestloun schafft, um Enn vum Mount dann einfach seng eventuell Steier op null gesat kritt duerch e variable Kredit.

Déi zweet Moosnam ass déi vum der Steierklass 1a. Wa mer den Agangsmontant an der Steierklass 1 op 15.000 Euro an d'Luucht setzen, wat geschitt? Mee dann ass automatesch den Agangsmontant an der Steierklass 1a op 30.000 Euro an d'Luucht gesat.

Mir wëllen, dass an der 1a och d'Iwwergangszäit, wou ee vun der Steierklass 2 an d'Steierklass 1a kënnt, vun dräi op fënnf Joer eropgesat gëtt. A mir wëllen eng manner schnell Progressioun vum dem Tarif an der Steierklass 1a.

Eiser Meenung no – an dat ass eng Propos, déi mer schonn eng Zäitche gemaach hunn – ass dat hei schnell an einfach duerchsetzbar. An Dir stellt natierlech elo d'Fro: „Wat sot Der dervun, alles aus der Steierklass 1a an d'Steierklass 2 ze setzen?“ Do seet natierlech d'Steierverwaltung, den André Bauler ass drop agaangen, dat hätt e finanziellen Impakt vun 350 Milliounen Euro. Dat ass net d'Welt.

Blouss, d'Steierverwaltung schreift awer dann esou en anodine Saz hannendrun, deen awer net anodin ass, nämlech soe se: „L'abolition de la classe 1a et l'imposition des contribuables actuellement en classe 1a en classe 2“, dat heescht, wann alleguer déi, déi de Moment an der Steierklass 1a sinn, an d'Steierklass 2 géife kommen, „ne prend pas en compte d'éventuels changements de comportement.“

Wat heescht dat? Mir sinn als CSV der Meenung, dass, wann een esou e Schrëtt géif maachen, een natierlech misst oppassen, dass een net erëm an eng Situatioun kéim vu virun 1990, nämlech wéi déi Steierklass 1a agefouert ginn ass. Firwat? Majo, fir ze evitéieren, dass Leit, déi dann, well se gemengt hunn, si géife Steiere spueren, sech praktesch esou organiséiert hunn, dass se eng Partnerschaft oder e Mariage opgeléist hunn aus steierleche Beweeggrënn.

Ech soe ganz éierlech, onofhängeg vun alle Weltanschauungen, dat huet näischt mat enger Weltanschauung ze dinn, mee et ass eng reng pragmatesch Approche: Dat géife mir net gutt fannen!

Well duerch de Fakt, dass Leit an enger Partnerschaft sinn, duerch de Fait, dass Leit bestuet sinn a virun allem Leit, déi e gewëssenen Alter hunn, déi net eng eege berufleche Karriär hunn, virun allem keng eege Pensiouns- oder Rentekariär hunn, dass een déi net herno a Situatiounen drängt, wou se sozial an och krankekeessméisseg net méi ofgeséichert sinn. Dat ass eppes, wat mer wëlle verhéieren.

En drëtten Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, ass dee vun der sougenannter Fiscalité immobilière. Ech ka méi schnell doriwwer ewechgoen. Mir sinn der Meenung, dass een d'Plaffonge vun de Scholdzënsen um Eegenheem sollt verduubelen. Dat heescht, dass een net 2.000 Euro pro Element, pro Persoun, an engem Stot kann ofsetzen u Scholdzëns fir säin Eegenheem, mee dass een dat op 4.000 Euro an d'Luucht sollt setzen.

Mir sinn der Meenung, dass een de Steierkredit vum bëllegen Akt sollt vun 20.000 op 50.000 Euro an d'Luucht setzen an dass een de Fräibetrag op der TVA vu 50.000 op 100.000 Euro sollt an d'Luucht setzen.

Dat sinn also déi méi favorabel Moosnamen. Ech soen der awer och zwou, déi manner favorabel sinn. An dat ass éischens, do hu mer schonn derfir plädéiert, dass een den Taux réduit op de Plus-valuen ..., dass een do eréischt d'Hallschent vum Taux réduit kritt, wann een eng Immobilie, déi ee verkeeft, minimum fënnf Joer hält.

Ech explizéiere mech: Wann Dir en Appartement oder eng Wunneng kauft, ...

**Une voix** | D'Hallschent ...

**M. Gilles Roth (CSV)** | ... dat net ...

**Une voix** | D'Hallschent vum Taux, net d'Hallschent vum Taux réduit.

**M. Gilles Roth (CSV)** | D'Hallschent vum Taux. Wann Der en Appartement kauft, dat Der verlount, an Dir verkaaft dat dee Moment no zwee Joer an zwee Méint an Dir erreecht domadder eng Plus-value, da bezuelt Der net 40 % Steieren op der Plus-value, mee 20 % Steieren.

Mir sinn der Meenung, dass een déi Lafdauer sollt vun zwee op fënnf Joer eropsetzen. Well et ka jo net sinn, dass déi Leit, déi sech dat leeschte kënnen, permanent hiren Immobiliepark ze erneieren, Plus-valué kasséiere mat engem niddregen Taux, steierlech besser ewechkommen ewéi een, dee géint Loun a Gehalt schafft. Dat fanne mir sozial net gerecht!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | An duerfir wëlle mer deen Delai vun zwee op fënnf Joer eropsetzen.

Eng weider Moosnam, déi manner favorabel ass; ech weess, mir haten ënnerschiddlech Diskussiounen och an der Vollekspartei CSV doriwwer, ech soen awer am Numm vun eiser Fraktioun haut ganz kloer: Mir sinn och der Meenung, dass, wann een eng Immobilie verlount, da wësst Der, dass Der kënnt d'Scholdzëns ganz ofsetzen an dass Der och e sougenannten Amortissement accéléré dorobber hutt, wat zu grouss steierlechen Avantagé ka féieren.

Wann der zum Beispill en Appartement hutt, dat eng Millioun u Wäert huet, an Dir hutt bei der Bank Garantien, dann huet d'Bank Iech do duerch d'Bänk praktesch dee ganzen Invest geléint, wou Der natierlech Zëns muss drop bezuelen. Déi kënnt Der ganz vun der Steier ofsetzen an Dir kënnt nach en Amortissement zousätzlech ofsetzen, dee bei enger neier Immobilie séier bis 50.000 Euro oder méi ka kommen.

Abee, mir sinn der Meenung, dass een e Plaffong sollt aféiere fir d'Scholdzënsen, déi ee kann ofsetzen, an et

sollt een och e Plaffong aféiere fir dee sougenannten Déchet fiscal duerch den Amortissement accéléré.

Elo sot Der: „Firwat dann de Steierkredit, de bëllegen Akt, an d'Luucht setzen?“ Mee do ass d'Antwort déi: Deen ass zënter éiweg net méi de reellen Immobiliewäerter ugepasst ginn. An d'Leit si ganz schnell dorobber an da gräift den normalen Enregistrementstaux. Duerfir wëlle mer deen an d'Luucht setzen. Well mir der Meenung sinn, dass, wann d'Immobilien ouni Weideres schonns iwwerdriwwer Präisser hunn, net de Staat dann och nach duerch déi proportional Steier, wat den Enregistrement ass, zousätzlech drop soll verdéngen. An dat selwecht zielt natierlech um Niveau vun der TVA. Duerfir wëlle mer och dee Fräibetrag vu 50.000 op 100.000 an d'Luucht setzen.

Well, contrairement zu deem, wat de fréiere Finanzminister, den Här Gramegna, ëmmer hei behaupt huet, dass dat net déi éischt Uschafung vun engem Eegenheem géif betreffen, ass dat falsch. Well doduerch, dass d'TVA vu 15 % op 17 % an d'Luucht gaangen ass, hat ee fréier e Fräibetrag op enger eegener Immobilie vu 416.000 Euro, wou een 3 % verrechent kritt huet. Duerch de Fait, dass d'TVA vu 15 % op 17 % an d'Luucht gesat gouf, huet een zënter 2015 net méi 416.000 Euro fräi, mee nach genau 357.000 Euro. An Dir Dammen an Dir Hären, ech brauch Iech net ze soen, dass Der Iech mat 357.000 Euro zu Lëtzebuerg weeder en Appartement nach eng Wunneng fir dee Präis kënnt bauen.

Eng véiert Moosnam ass: Mir hätte gären och eng Inflatiounsberengegung vun de Plaffonge fir Sonderausgaben. Dat heescht, dass ass dat, wat Der kënnt um Niveau vun engem Konsumkredit oder um Niveau vun den Assicurancen ofsetzen, dass déi ëm 25 % an d'Luucht gesat ginn. Ech explizéiere mech och: Wann Der Är nei Haftpflichtversicherung gekuckt hutt, déi duerch d'Stuermeschied natierlech an d'Luucht gesat gouf, an Dir rechent och nach d'Haftpflicht vum Auto derbäi, da sidd Der an engem Stot mat zwee Kanner scho séier iwwert deene Plaffongen. Vu Lenkungseffekt ass do, mengen ech, net méi vill dran.

Mir wëllen dann natierlech och, dass d'Kilometerpauschal vu 99 op 125 Euro an d'Luucht gesat gëtt. Firwat soll déi vun 99 Euro op 125 Euro an d'Luucht gesat ginn? Firwat? Majo, déi ass zënter 1990 net méi ugepasst ginn. Déi misst haut bei 175 Euro pro Kilometer pro Joer sinn. A mir hunn nach eng ganz Rei vu Leit am Land, ech mengen, déi Diskussioun hu mer des Éftere gefouert, déi hunn net d'Méiglechkeet, alles mat dem öffentlichen Transport ze maachen. Déi sinn op hiren Auto ugewisen.

Dat si besonnesch Leit aus dem ländleche Raum an dat ass net nëmmen am Süden, mee dat ass queesch duerch d'Land a besonnesch am ländleche Raum, wou keng grouss Ballungsgebiddern sinn. An ech mengen, där Méibelaaschtung, déi déi Leit hunn duerch de Spritt an aner Käschten, muss een och steierlech Rechnung droen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Ech hunn elo 27 Minutte geschwat an den Här Mosar muss Der och nach hu fir de Mëttag. Duerfir wëll ech och eng kloer ... Et ass jo eng Orientéierungsdebatt gefrot, et ass e Concours vun Iddien. Jiddweree fënnit déi gutt oder net gutt, ech wëll Iech awer och nach zu zwee sensibele Sujeten eis Meenung soen.

Dat ass: D'CSV seet Neen zur Neesaféierung vun der Verméigenssteuer fir Privatleit.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | An d'CSV seet och Neen zu der Ierfschaftssteuer an direkter Linn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mir soen awer Jo zu enger Spekulationssteuer op eidel Haiser an net bebauten Terrainen. A mir soen och Jo zu enger Neiausrichtung vun der Grundsteuer. A fir eis sinn do d'Krittären bei der Grundsteuer d'Fläch vum Terrain an déi potenziell Bebaubarkeit.

Elo stellt Der eis d'Fro: „Firwat sot Der Neen zur Vermögenssteuer fir Privatleit?“ Dir wësst, déi ass 2005, iwwregens an enger Koalitioun mat der LSAP, ofgeschaaft gi fir d'Privatleit. De Père Fayot huet deemools am Numm vun der LSAP-Fraktioun d'Ried gehalen. An déi Argumenter, déi e ginn huet, ware rechtlecher an och praktescher Natur. A mir deelen déi och nach haut.

Wat ass geschitt? Mee wann ee seet: „Mir soe Jo“, wat mir net soen als CSV, „zur Vermögenssteuer fir Privatleit“, da seet een de facto: „Mir schafen d'Bankgeheimnis fir d'Lëtzeburger an déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, of.“ Dat ass déi logesch Konsequenz.

Zweet Argument ass dat: Mir wëlle kee gliesene Bierger als CSV.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Zweet Argument, ...

(Brouhaha)

... zweet Argument ass dat, dass do, wou mer d'Vermögenssteuer hier hunn, nämlech vun der däitscher Besatzung 1941, an Däitschland, d'Vermögenssteuer 1995 fir verfassungswiddrig erkläert ginn ass an och doduerch an Däitschland net méi spillt. Do gouf et zwee Argumenter an déi leien op der Hand. Dat ass och ganz einfach ze erklären, well ech eng Diskrepanz kréien zwëschent de mobilie Wäerter, dat heescht Suen, Bijouen an Tableauen an – ech weess net – Statuen, wat der hutt, déi einfach ze erfasse sinn, an den Immobilienwäerter, déi dann, wéi ech dat bei der Grundsteuer erkläert hunn, eigentlech ridiculement niddrig bewäert sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | An dat géif och nach eng Kéier hei spillen, wann een déi Wäerter net géif nei bewäerten. An dat ass en Unterfangen, wat net esou einfach ass.

Da wëll ech soen, dass et d'Vermögenssteuer fir Privatleit an der Europäescher Unioun nach a genau fënnef Länner, a genau fënnef Länner gëtt. An och de Montant vun der Vermögenssteuer, esou wéi en 2005 nach vum Staat agezu gi war, dat ware 40 Milliounen Euro. 40 Milliounen Euro war et, d'Vermögenssteuer u sämtleche Verméigen, Immobilien, Bijouen, Tableauen, Rolex-Aueren an anerer am ganze Lëtzebuerg bei 600.000 Awunner. Dat war also d'Vermögenssteuer: 40 Milliounen Euro.

Wësst Der, wivill dass d'Autossteuer war, déi jo zu Lëtzebuerg awer net esou héich ass? Et hat zwar dem Lucien Lux politesch d'Genéck kascht, mee déi war seinerzeit bei 67 Milliounen. Dat heescht, d'Autossteuer war ëm méi wéi 50 % méi héich wéi d'Vermögenssteuer, déi 2005 fir d'lescht agezu ginn ass.

An da soen ech och ganz kloer: Als CSV soe mer Neen zur Ierfschaftssteuer an direkter Linn. Dat ass e Sujet, deen an der Vollekspartei CSV breet diskutéiert gouf. An ech weess och, dass et bei eis, bei deenen 10.000 Memberen, gëtt ënnerschiedlech Vuen dozou gëtt. A jiddwer Vue verdénkt do hire Respekt. D'Meenung vun der CSV-Fraktioun, no Diskussioun, ass awer folgend, dass mir Nee soen – oder e weideren Neen – zur Ierfschaftssteuer an direkter Linn!

E puer Argumenter. Éischtens, mir stinn als Partei zur Famill a mir stinn zum Subsidiaritätsprinzip. Mir sinn also der Meinung, dass, wann ee sech an enger Famill duerch versteiert Akommes e gewëssene Wuelstand erschafft huet an et verierft een dat, well ee sech eppes ugespuert huet, gären u seng Kanner oder u seng Nokommen am wäiteste Sënn vum Wuert, de Staat dann net nach eng zweet Kéier sollt Steieren dodrobber ophiewen.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mir wëllen och net, dass et zu Lëtzebuerg zu enger Zwouklassegesellschaft kënnt; ech soen dat och: Déi eng, den Duerchschnittsbierger, dee vu Steieren net vill matkritt, deen da gutt – ech soen net „domm“, mee wann d'Gesetz et géif virgesinn – muss seng Ierfschaftssteuer bezuelen, wann en eppes de Kanner verierft.

An deen, deen e bësse méi avertéiert ass an e bësse méi Suen huet, fir Nottären oder anerer ze beschäftegen, dass dee sech Vehikelen zouleet, wou eigentlech de Patrimoine net esou verierft gëtt, mee iwwert dee Vehikel, well e genuch Liquiditéiten huet, fir net vum Vehikel mussen ze liewen. Dat géife mir sozial net gerecht fannen.

En drëtt Argument ass dat: Mir wëllen als CSV och net, dass d'Leit eigentlech gedréckt ginn, zu Liefzäiten iwwer Schenkungen ze fueren, well eng Schenkung – ech gesinn de Guy Arendt hei – ass en Dépouillement irrévocable. Dat heescht, wann Dir eng Schenkung zu Liefzäite maacht – an dat wëssen d'Leit oft net –, dann ass se fort. Da geet se aus Ärem Patrimoine an dee vun deem, deem Der d'Schenkung maacht. An ech weess, dass oft Leit – ech soe mol –, „liicht nogeluecht“ kréien, wa se am Alter sinn: „Schenk eis dat, well da brauche mir herno manner Ierfschaftssteuer ze bezuelen.“ Mir fannen, dass dat moralesch net gutt ass an dass de Staat och net d'Leit sollt indirekt an esou eng Situatioun drécken.

An e véiert a lescht Argument, wat een awer och net d'äerf verneléissegen, dat ass dat vun enger méiglecher Duebelbesteuerung. An ech erkläre mech: Wann Dir eng Ierfschaft an direkter Linn hutt, da kritt Der eppes. A wann d'Ierfschaftssteuer do gezu gëtt, da muss déi bannent sechs Méint cash op den Dësch, well den Enregistrement freet déi, iwwregens net nëmmen an direkter Linn, mee och bei anerem. Da muss Der liwweren.

An Dir wësst, dass, wann Der Immobilien ierft, dann ass dat kee flësseg Geld. Dir hutt d'Immobilie, déi huet e Wäert, mee se ass net flësseg. Mee Dir musst awer d'Sue bezuelen. A mir wëllen net, dass d'Leit eigentlech gedréckt ginn, déi sech dat net kënnen erlaben, fir déi Immobilie dann erëm ze verkafen, well wa se d'Immobilie verkafen, da muss se gegebenefalls nach eng Kéier Plus-value bezuelen um Niveau vun den direkte Steieren an da gi se eigentlech zweemol bestrooft. An déi Leit, déi ounideems schonns vill hunn, déi Liquiditéiten hunn, déi kéinte se esou bezuelen, respektiv iwwert de Vehikel géifen iwwerhaupt keng fälleg ginn. An ech mengen, dass dat net ganz gerecht wär.

Also, aus sozialer Gerechtegkeet an och am Schutz vun der Famill: keng Ierfschaftssteuer an direkter Linn! A mir wëllen och do evitéieren, dass déi, déi d'Suen hunn, fir Gestaltungsméiglechkeeten ze kréien, méi Avantagen hätten ewéi déi aner.

E lescht Wuert zur Grundsteuer. D'Grundsteuer, do ass et ganz kloer, do si mer fir eng Reevaluatioun vun der Grundsteuer op der Fläch vun den Terrainen respektiv der Bebaubarkeit vun engem Terrain. Mir soen awer gradesou kloer, dass mer fir de Leit hiert Eegenheim en Abatement géife virgesinn, an och fir Leit, déi

gegebenefalls eppes fir hir Kanner leeën, kann een doriwwer nodenken. Mee mir soen awer och, dass Leit, déi Immobiliwäerter hu vun zeg, zéng Milliounen oder Honnerte Milliounen, och mussen an dësen Zäiten der Gesellschaft eppes duerch eng ugepasst Grundsteuer musse kënnen ginn. Ech hunn och virdru gesot, dass mer fir eng Spekulationssteuer op eidele Haiser an net bebauten Terraine sinn.

E lescht Wuert zu der Fiscalité écologique. Mir soe Jo zu enger CO<sub>2</sub>-Steier, mee déi CO<sub>2</sub>-Steier gehéiert fir eis an den Indexwuerkuerf. Jo. Bei héijen Energiepräisser, wéi mer se de Moment hunn, verschléisse mir eis net engem temporären Aussetzen vun der CO<sub>2</sub>-Steier. Mee mir soen awer gradesou kloer, dass den equivalente Montant da soll vum Staatsbudget an de sougenannten Zukunftsfong gefouert ginn.

Zweetens si mer fir en TVA-Steierkredit. An dat war eng richtig Decisioun vun Ärem Virgänger, Madamm Backes, deen ass beim lesche Budget erofgesat ginn an der Durée. Dat heescht, Dir kritt en TVA-Steierkredit vun 3 %, wann Der eng Immobilie nohaltegorist. Fréier waren dat 20 Joer an do ass dat op zéng Joer erofgesat ginn. Mir hätte kee Problem, wann ee soe géif: „Mir setzen deen Delai op fënnef Joer erof.“ Ech erkläre mech: Well Dir wësst, dass elo ab dem 1. Januar 2023 vill Leit eigentlech mussen ëmrüsten, esou oder esou. An da si mir der Meinung, dass een, wa Leit ëmrüsten, dee Steierkredit dann och schonns misst ginn, wann dat Haiser sinn, déi manner wéi fënnef Joer bestinn.

An den drëtte Punkt ass deen: Mir sinn derfir, fir bei Fotovoltaikanlagen, déi jo weesentlech derzou déngen, fir alternative Strom ze produzéieren, op en TVA-Taux vun 3 % ze goen. Firwat? Mir hunn dat nogekuckt a mir sinn der Meinung, dass – no eisem Nokucken, dat ass net ganz einfach ze studéieren – d'europäesch Legislatioun, déi rezent europäesch Legislatioun, dat elo zouléist. Do muss een nämlech d'Gesetz kucken an et muss een hannen d'Annexe vun der TVA ... An ech schwätzen ënnert dem Contrôle vun der Madamm Ministesch, Dir musst eis do erlaben ... Mir kënnen munches selwer liesen, mee Dir hutt e ganze Beamtenapparat – dee steet Iech och zou – an ech mengen, dass dat méiglech wier. A mir hätte kee Problem, wann ee géif do generell den TVA-Saz vun 3 % applizéieren.

An da soe mer och – et soll een och déi Saache soen, déi gutt sinn – ganz kloer Jo zur Subsidepolitik, déi déi aktuell Regierung ënnert dem Energieminister bedreift, fir dass d'Leit massiv – well et ass massiv! – an nohaltege Energien investéieren, sief dat a Wärmepumpen, sief dat a Solarthermie, Fotovoltaik. Do kréien d'Privatleit wierklech substanzuell Ënnerstützung. Mir stinn do derzou, och wann dat de Budget eppes kascht. Dat ass eng Orientéierung vun enger moderner ökologescher Politik. A wa mer déi Transitioun gären hätten, jo, da muss och d'Allgemengheet bereet sinn, dass de Staat doranner investéiert.

Als Konklusioun, Dir Dammen an Dir Hären: Fir d'CSV heescht Politik, absënns Steierpolitik: maachen, net just kucken! Mee do, wou et néideg ass: vereinfachen, verbessern a veränneren. Dat mat de Leit, net méi op de Bockel vun de Leit tassel, mee se virun allem entlaaschten. Am Sënn vun enger gerechter Laaschteverdeelung. Am Sënn vu sozialer Gerechtegkeet. Mat klarem Bléck, dass de sozialen Zesammenhalt vu Lëtzebuerg op enger breeder Mëttelschicht berout an och – dat soll een och a muss ee soen – op engem nohaltege Wuesstum a Wuelstand an och Wuelbefannen. An dee Wuelstand a Wuesstum, do droen och eis Betriber derzou bäi.

D'Politik muss sech duerfir grad elo, Dir Dammen an Dir Hären, manner ëm ideologesch Nieweplazen a



méi ëm déi wierklech Suerge vun de Leit këmmere. An dat sinn an eisen Aen: Dat ass d'Präisdeierecht, dat ass d'Energie, dat ass de Logement, dat ass dat Sozialt a virun allem och d'Steiergerechtegkeet.

A grad eise jonke Matbierger, déi zwee Joer ganz staark ënnert der Pandemie – ech géif soen: bal mat am meeschten – gelidden hunn an déi do vläicht net ëmmer dat richtegt Sproochrouer fonnt hunn, deene jonke Leit an deene jonke Matbierger mussen mir erëm loscht op muer maachen. No zwee Joer Pandemie an elo mat dem Ukrain-Krich mussen mer hinnen an dem Land och Perspektive bidden. Dat ass en Daach iwwert dem Kapp, dat ass e faire Loun, dat ass eng gerecht Besteuerung an dat ass virun allem e sécher Liewen zu Lëtzebuerg.

An dat geet an eisen Ae just an enger Gesellschaft vum Mateneen, an enger Gesellschaft, wou jiddweren e Stéck vum Kuch kritt an net just d'Grimmelen oder ongerecht Stécker. An duerfir nach eemol: Schaffe muss sech lounen! An duerfir: Steierentlaaschtung grad elo!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Exzellent!

(Hilarité)

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächste Riedner ass den André Bauler. Bal dat selwecht Bild wéi virdrun. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Léif alleguer, Steiere si kee Selbstzweck. Steieren, dat sinn d'Recett vum Staat. Si fëllen d'Keese vun der öffentlecher Hand. A mat dese Recett ginn natierlech divers Depensé finanzéiert. A well vill Leit mussen Steiere bezuelen, ass d'Besteuerung u sech ëmmer nees en aktuell Thema, dat souwuel fir d'Volk, wéi fir d'Betriber a wéi och fir déi politesch Entscheeder.

Dobäi ass, wéi ech dat och scho virdrun e bëssen ugedeit hat, wuel kaum ee bereet, iwwerméisseg vill Steieren ze bezuelen. An d'Konscht vun der Politik besteet grad doranner, dass een de Steierzueler net ze vill wéi deet an awer dem Staat erméiglecht, am Interêt vun all senger Bierger ze funktionéieren.

De memorabele Finanzminister vum Louis XIV., de Jean-Baptiste Colbert, Bourgeois vu Reims, huet seng Siicht vun der Steierpolitik schon am 17. Joerhonnert op folgend Manéier, vläicht awer mat engem liicht zynesch Ennertoun, formuléiert, ech zitieren, ech hunn et op Lëtzebuergesch iwwersat:

„D'Konscht vun der Besteuerung läit doranner, d'Gäns ze plëmmen, fir esou vill wéi méiglech Plomme mat esou mann wéi méiglech Kreesch ze kréien.“ Dës ass selbstverständlech net d'Approche vun enger Demokratescher Partei.

Léif alleguer, Steiere finanzéieren de Sozialstaat. Déi sozial Leeschtungen u sech maachen – dat soll an Erënnerung geruff ginn – d'Hallschent vum Staatsbudget aus. Dës ginn iwwert d'Steiere vun de schaffende Leit, de Leit, déi an de Betriber an awer och am Staats- a Gemengenapparat schaffen, finanzéiert. Nieft de Pensionéierte si si et haaptsächlech, déi d'Steiere bezuelen. Natierlech bezuelen d'Entreprises och eng gutt Partie Steieren um Kapital an op hirem Akommes.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Fir dass d'Steiere bezuelt kënnen ginn, muss awer fir d'éischt emol derfir gesuergt ginn, dass d'Privatwirtschaft Sue verdéngt. De Kuch muss also fir d'éischt gebak ginn, éier e verdeelt ka ginn. Dofir muss de

Standuert Lëtzebuerg och steierlech attraktiv sinn a bleiwen, och wa Steieren net alles sinn, wann et ëm Wettbewerbsfäegkeet, also Kompetitivitéit, geet.

Zanter d'Demokratescher Partei an der Regierungsverantwortung ass, ass alles drugesat ginn, fir d'Staatsfinanzen als Éischt mol ze sanéieren an dann am Grëff ze behalen. Just virun der Covid-19-Kris huet den Zentralstaat fir d'éischte Kéier zanter der Finanzkris Iwwerschëss verbucht. „Virun der Kris“, hunn ech elo just gesot. Am Fong hätt ech misse soe „virun de Krisen“, well mir erliewen effektiv eng Period vu Polykrisen.

De Krich an der Ukrain ass eng zousätzlech zolidd Kris. An d'Inflatioun louch am Juni bei 7,4 % op ee Joer gerechent. Dat ass natierlech vill ze vill héich a mir alleguerte spieren dës Präisdeierecht ganz konkret. Och d'Liwwerempäss belastschen eis Wirtschaft weiderhin. Dozou komme méiglech Steierveloschter duerch d'Reformen am internationale Steierrecht, denke mer u Stéchwierder wéi d'OECD-Pilieren an d'Unshell-Direktiv, déi eis SOPARFI-Gesellschaft kéint spierbar treffen.

Et ass evident: Dës Polykrisen waren net virgesinn an och net virausgeseen. D'Regierung iwwerhëlt natierlech an dëser Krisenzäit hir Verantwortung, och hir sozial Verantwortung. D'Politik huet séier an awer och iwwerluecht op déi lescht Krise reagéiert. D'Regierung huet wichteg, zäitweilig, gezielt a verhältnisméisseg Moossname geholl, fir de Leit, de selbstänneg schaffende Mënschen an de Betriber ënnert d'Äerm ze gräifen.

Dat huet emol fir d'éischt der Wirtschaft erlaabt, weiderzefunktionéieren ouni zesummenzebréchen, well dat, dat hätt gravéierend Konsequenzen fir eis Staatsfinanze gehat!

Leider hunn dës Polykrisen – dat wësse mer alleguer – en déiwe Rass an eis Staatsfinanze gedriwwen, déi iwwer e puer Joer sanéiert goufen a sech bis zum Ausbruch vun der Pandemie spierbar erholl haten.

A mir sinn nach net iwwert de Bierg! Mir kënnen also elo keng strukturell a sech widerhuelend Depensen op Kredit aféieren. Fir et richteraus ze soen: Mir hunn de Moment kee Sputt fir e grouse Worf an der Steierpolitik. Dat léisst sech och net schéieren. Eppes anescht ze behapten, wier de Leit Sand an d'Ae gestreet.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler** (DP) | Eent ass awer kloer: D'Koalition ënnertstëtzt zanter Joren, an net eréischt kuerzfristeg als Reaktioun op d'Pandemie an de Krich, déi Ziler, déi am Rapport identifizéiert goufen. Ech nenne se: d'sozial Gerechtegkeet oder steierlech Gerechtegkeet, de Logement, d'Kompetitivitéit, déi nohalteg Entwécklung souwéi d'Digitaliséierung an d'administrativ Vereinfachung. Alles dat sinn Haaptossieren, op deenen dës Regierung geschafft huet an och Resultater virzeweisen huet.

Als Allereréischt ass et wichteg ze soen, dass Lëtzebuerg virun 2013 vill Steierpraktiken erlaabt hat, déi vun der internationaler Communautéit staark verurteelt goufen. 2013, mat der Regierung Bettel I, gouf déi Lëtzeburger Steierpolitik fundamental geännert. De Pascal Saint-Amans, Direkter fir Steierpolitik vun der OECD, huet eis fir d'Changementer zënter 2013 gelueft. Mir hunn nämlech d'Bankgeheimnis ofgeschafft an d'BEPS-Regelen ënnertstëtzt an duerno bis an de leschten Detail ëmgesat.

Dobäi si mir zum Beispill mat eisem Regëster vun den effektive Beneficiairen nach e gutt Stéck méi wäit gaangen, wat d'Transparenz ugeet, wéi vill aner Länner. Och – an dat wëll ech och nach eemol

ënnersträichen, an Erënnerung ruffen – goufe Mëssbräich oder Abuse bei de Rulingen, d'Taxrulings, ofgeschafft.

Zur Steierreform 2017: Eng zweet grouss Neierung, dat war effektiv d'Steierreform vun 2017, déi fir eis eng éischt Etapp war. Et war en éischte weesentleche Schrëtt fir méi Steiergerechtegkeet an Innovatioun, eng Steierreform, déi mat als Haaptziele hat, dee sougenannten a vill diskutéierte Mittelstandsbockel ofzeflaachen. Et goufen also effektiv bei där Reform grad Persounen mat klengem a mëttlerem Akommes entlaascht.

De Wirtschafts- a Sozialrot huet eis an enger réckblëckender Analys bestätegt, dass eis dat mat dëser Steierreform gegléckt ass. Sou profitéieren zum Beispill Persounen mat héijem Akommes net vun de Steierkreditte. D'Steierkreditte fir alengerzéiend Familien a Salarié goufen erhéicht. De Spëtztsteiersatz gouf op 42 % erhéicht.

D'Steierreform 2017 stoung awer och am Zeeche vun der Innovatioun. D'Betriber goufen steierlech entlaascht, dass duerch eng Reduktioun vun der Kierperschaftssteuer op 17 %. Fir Startuppen, also jonk Entrepreneuren, gouf d'Kierperschaftssteuer souguer op 15 % erofgesat. Et gouf och eng fräiwëleg Individualiséierung vun der Besteuerung fir d'Koppelen ageféiert.

Am Kader vun der sozialer Gerechtegkeet huet d'Regierung an deene leschte Joren eng ganz Rei Saachleeschungen a sozial Mesur geholl.

Zu de Saachleeschungen: Déi folgend Prestatiounen sinn, ënner anerem, neierdengs gratis: d'Schoulbicher am Secondaire, d'Mëttegiessen an der Kantin, öffentliche Transport, Kannerbetreuung, Museksunterrecht an Nohëllef.

Fir méi Gerechtegkeet goufen folgend Mesuren ëmgesat: D'Kannergeld gouf reindexéiert. D'Allocation de vie chère gouf verduebelt fir 2020, nohalteg ëm 10 % erhéicht an op den 1. Januar 2022 nach eng Kéier ëm mindestens 200 Euro pro Stot erhéicht. Derbäi koumen d'Erhéijungen vum Mindestloun, vum REVIS a vum RPGH. D'Studentebäihëllefe goufen erhéicht.

A puncto Nohaltegkeet waren d'Primme fir de Kaf vun elektresche Véloen an Autoe mat déi populärst – och wann et heiansdo dauert, bis ee se ausbezuel kritt.

Fir méi Steiergerechtegkeet goufen ënnert der DP Abuse bei de Steieren ofgeschafft, notament de Regime vun de Stockoptions an d'Besteuerung vun de FIIS, de Fonds d'investissement immobiliers spécialisés – wuelgemierkt „immobiliers“.

Wat d'Besteuerung vum Logement ugeet: Mir hunn den Amortissement accélére manner attraktiv gemaach, dass andeems den Taux vu 6 % op 4 % erofgesat gouf bei Betrag vun iwwer enger Millioun a vun – ech erënneren dorunner – 6 % op 5 % fir Betrag ënner enger Millioun. D'Iwwergangszäit ass deemools och erofgesat gi vu sechs op fënnf Joer.

Den Taux d'amortissement fir energieetesche Renovatiounen gouf op 6 % fixéiert. Renovatiounen kënnen no engem amplat eréischt no 20 Joer vum superreduzéierten Taux vun 3 % TVA profitéieren.

Komme mer zur nohalterger Transitioun. Fir dës ze ënnertstëtzen, gouf virun allem eng CO<sub>2</sub>-Steier agefouert, déi awer dank engem geziilt Steierkredit vu 96 Euro sozial ofgefiedert gouf.

Mir hunn den Taux – dat soll och eng Kéier erwänt ginn – vun der Taxe d'abonnement bei nohalteger Fonge bis maximal duerch fënnf gedeelt op 0,01 %.

Dat sinn nëmmen e puer Moossnamen. Ech kéint mat der Opzielung weiderfueren.

Zu de Krisemesuren: Dat sinn déi wichtegst steierpolitesch Moossnamen, déi d'DP virun 2020 ëmgasat huet. Mee déi lescht zwee Joer waren net einfach an de Fokus an de Finanzen huet missen op d'Krisenbewältigung geluecht ginn.

Fir géint d'Pandemie virzegoen an den Impakt vun der Kris op d'Bevëlkerung ze reduzéieren, huet de Staat 2,6 Milliarden Euro 2020 a 742 Milliounen 2021 ausginn. Dat huet derzou gefouert, datt mir am éischte Joer vun der Pandemie en Defizit vun 3,2 Milliarden Euro ze verbuchen haten. Hei stounge besonnesch déi méi verletzech Leit am Mëttelpunkt vun eiser Politik. Ech erënneren zum Beispill drun, datt d'Mindestlounempfänger 100 % vun hirem Loun am Fall vum Chômage partiel ausbezuelt kruten.

Komme mer zum Energiedesch an zum Solidaritéitspak. Mat de Mesurë vun deem Energiedesch an dem Solidaritéitspak goufen d'Stëit an d'Betriben ënnerstëtzt, dat, fir d'Erhéijung vun den Energiepräisser ofzefiedere. Mir hunn en Energiesteierkredit agefouert, d'Kannergeld reindexéiert, ech hat et elo just gesot, d'Logementssubventiounen erhéicht an nach viles méi. Insgesamt sinn dat 827 Milliounen Euro, déi d'Stëit an d'Betriben an dësen Zäiten entlaaschten.

D'Resultat gëtt eiser Approche aus de leschte Jore Recht. De Statec huet nämlech an enger Etüd zejoert kloer festgestallt, datt d'Pandemie keen Afloss op d'Ongläichheeten um Akommes zu Lëtzebuerg hat, dat am Oktober 2021, also annerhalleft Joer nom Ausbroch vun der Pandemie.

Här President, léif alleguer, nodeems ech versicht hunn ze erklären, wou mer haut stinn a vu wat fir enger Positioun aus mir gestart sinn, därfe ech och elo no vir kucken. D'Demokratesch Partei kuckt no vir a bleift hire Prinzippien trei. Éier ech Iech soen, fir wéi eng Steierpolitik mer stinn, wéilt ech gäre mol ënnersträichen, fir wéi eng Steierpolitik d'Demokratesch Partei net steet.

Mir si géint Steiererhéijunge wéi zum Beispill d'Eropsetze vum Spëtzeiteersaz bei de Privatleit. Generell si Steiererhéijungen an eisen Aen net de richtege Wee, besonnesch a Krisenzäiten. D'CSV/LSAP-Regierung hat dat nach 2012 gemaach, mir sinn eeben do dergéint.

Och d'Fuerderung, méi héich Revenue verstärkt ze besteieren, fir esou déi méi niddreg ze entlaaschten, geet net op. Wann de Spëtzeiteersaz, deen aktuell bei 42 % läit, op 49 % erhéicht géif ginn, da géif dat just 110 Milliounen Euro pro Joer méi am Staatsbudget maachen. Dat steet awer a kengem Verhältniss zum Schued fir d'Attraktivitéit vun eise Land!

Héich qualifizéiert Aarbechtskräften a soss Residenten, déi international ganz mobill sinn, kéinten an deem Fall souguer riskéieren, eis de Réck ze dréien, an dat, obwuel mir op si ugewise sinn. Jo, eis Ekonomie ass nämlech op héich qualifizéiert Aarbechtskräften aus dem Ausland ugewise!

**Une voix** | Ganz richtig!

**M. André Bauler** (DP) | Besonnesch d'Finanzplaz, déi déi meescht Steiere bezilt, also d'Mëllechkou vum Staat ass, ass op innovéierend an héich spezialiséiert Talenter ugewise, fir nei gewënnbréngend Aktivitéiten ze schafen an ze fërderen. Ouni si geet dat net! Mir hunn eeben net genuch Leit hei zu Lëtzebuerg, an ech sinn och frou, datt d'CSV den Entrepreneursgeescht – den Här Roth huet dat elo just gemaach an ech zweifelen net drun, datt den Här Mosar vläicht nach drop zrëckkennt – hei ervirgestrach huet.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Très bien!

**M. André Bauler** (DP) | Mir haten eng Entrevue – ech soen dat elo hei, ouni dat preparéiert ze hunn – mat dem Här Nicolas Mackel vu Luxembourg for Finance, deen eis gesot huet: Mir bilden 125 Leit aus, déi op Finanz spezialiséiert sinn, op eiser Universitéit. Mir missen der awer, fir all déi Besoinen, déi mer hunn, 1.250 all Joer rekrutéieren, déi mer da mussen an d'Ausland siche goen oder vläicht och bei Lëtzebuerg, déi am Ausland studéiert hunn. Dat heescht, hannert déi 125 mussen mer nach eng Null setzen, fir kënnen eng Plaz ze hunn, déi net nëmme performant ass, mee déi eeben innovéiert, déi an der Ingénierie financière aktiv ass. Loosse mer eis do dach näischt virmaachen!

Et muss een och bedenken, datt vill vun eise Recettë vun enger immens klenger Partie Leit bezuelt ginn, sou och bei der Akommessteuer vun de Privatleit, dem Impôt sur le revenu des personnes physiques sur base assiette. Sou sinn d'lescht Joer ganzer dräi Véiere vum IRPP vu just – haalt Iech un! – 2,13 % vun de Contribuabele bezuelt ginn. D'Hallschent vum IRPP gouf vu just 0,61 % vun de Contribuabele bezuelt. Déi héich Revenue ginn also scho vill méi héich besteiert wéi déi niddreg Revenuen.

Doriwwer eraus, wann een dat aus dem Avis vum CES richtig erausliest, bezuele ganz vill Stëit, Residenten an Netresidenen, zu Lëtzebuerg haut keng Steieren. Mir schwätze vu bal 130.000 Stëit, wat net näischt ass! Eng Defikaliséierung vum Mindestloun géif, mir haten et an eise Rapport erwänt, de Staatssäckel iwwerdeems jee nodeem bis zu 1,8 Milliarden Euro kaschten, an deene Simulatiounen, déi mer presentéiert kruten, a grad och nach den héije Revenuen am meeschten zeguttkommen.

Mir sinn als DP och géint eng Ierfschaftssteuer an direkter Linn, dat, well mir hei vu Besëtze schwätzen, dee scho besteiert gouf. Mir hunn hei eng änlech Argumentatioun wéi de Gilles Roth. Mir wäerten eis dofir weider setzen, datt dat, wat vun den Elteren iwwer e Liewen erschafft gouf, net no hirem Doud soll versteiert ginn.

Dobäi gëtt dacks vergiess, datt Kanner, sollte se Immobilien aus dem Besëtze vun hire verstuerwenen Eltere verkafen, souwiso eng Plus-value-Steier op deem Besëtze bezuele mussen. Dat gëtt dacks vergiess. Ech hunn deslescht nach e Kolleeg um Telefon gehat, deen, obwuel en ekonomesch ganz staark verséiert ass, bestëmmt méi wéi ech, dat net woussst a ganz staark iwwerrascht war.

Och eng Verméigenssteuer fir Privatleit ass fir eis weiderhin tabu. Mir wäerten esou eng Steuer net nees aféieren. Datt dës Steuer viru Joren ofgeschafft gouf, dofir gëtt et genuch Grënn, virun allem well se schonn dorunner gescheitert ass, datt et extreem schwéier ass, de Patrimoine vun de Leit ze erfassen. Déi Parteien, déi eng Verméigenssteuer verlaangen, sollen eis soen, wéi se dat dann och konkret pragmatesch maache wëllen.

Bei de Sociéité gesi mir de Moment keng Noutwendegkeet, de globalen Taux unzepassen, weeder no uewen nach no ënnen. Am Kontext vun der Besteuerung vum Revenu vun de Betriben wëll ech och nach eemol ganz kloer soen, datt eis Fraktioun nach ëmmer géint eng Coronasteier oder Krisesteier ass. Et ass och relativ roueg ronderëm dës Propos ginn. A mir sinn net déi eenzeg heibannen, déi dat esou gesinn.

Léif alleguer, nieft deem, wat mir als DP op kee Fall wëllen, hu mir ganz kloer Virstellung vum deem, wat kuerzfristeg an awer och mëttelfristeg, wa mer méi Sputt sollten hunn, an der Steierpolitik gemaach muss ginn.

D'Viraussetzung – an dëst géllt fir d'DP schonn ëmmer – si gesond a stabil Staatsfinanzen. Mir stinn net fir eng Finanzpolitik, déi d'Zukunft vun den nächsten, de jéngere Generatiounen hypothekéiert.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler** (DP) | Mir soen awer och ganz kloer: Steieren a besonnesch Ännerungen an der Steierpolitik därfe een ni isoléiert kucken, ma ëmmer am Zesummespill mat anere Steieren. Et ass dofir enorm wichtig, sech bewosst ze sinn, datt eenzel Entscheedungen dacks gutt kléngen, mee wann een awer dat ganz Bild kuckt, wann een den Ensembl kuckt, den Ekosystem – nennt et, wéi Der wëllt –, da ginn déi Iwwerleungen net méi op.

Dowéinst ass eng Steuerreform ëmmer en exigenten Exercice, ma awer och ee ganz ëmfaassenden. D'DP steet fir eng sozialliberal Steierpolitik, déi der Wirtschaft dat Ëmfeld bitt, wat se brauch, fir attraktiv ze sinn, fir esou dee Kuch ze baken, dee mer brauchen, fir déi generéis Ëmverdeelung, eng vun de generéiste weltwäit, ze finanzéieren.

Dës Ëmverdeelung, dat hu mer schonn 2013 bewisen, berout op enger cibléierter Sozialpolitik, déi genee déi Leit entlaascht, déi wierklech am meeschten Hëllef brauchen, dat heescht Leit mat klengem a mëttlerem Akommes, dat am Numm vun der sozialer Gerechtegkeet a vun enger fairer Ëmverdeelung.

Eng sozialliberal Steierpolitik steet awer och derfir, datt jiddereen déi beschtméiglech Startchancë soll hunn, fir seng Zukunft selwer an de Grapp ze huelen, egal aus wéi engem Haus e kënt. Dat hu mir zanter 2013 mat diverse Moossnamen bewisen.

D'Moderniséierung vun eiser Steierpolitik muss an den nächste Jore weider verstärkt ginn. An do musen Nohaltegkeet an d'Digitaliséierung besonnesch am Vierdergrond stoen. Konkret kéint meng Fraktioun sech kuerzfristeg virstellen, fir iwwer eng Rei Sujeten ze diskutéieren.

Zu den elengerzéiende Familljen zum Beispill. An deene leschte Jore goufe grouss Efforten ënnerholl, fir deene Familljen, deenen elengerzéienden, ze hëllefen. Ech erënneren un de Steierkredit bei der Steuerreform vun 2017. Doriwwer eraus sinn hinnen awer och all déi aner Moossnamen, déi sech un d'Famillje mat Kanner richten, zeguttkomm.

D'Sozialtransferte spillen eng extreem wichteg Roll zu Lëtzebuerg. Eurostat huet gewisen, datt den Aarmutsrisiko ouni Transferte bei 46,1 % leie géif. Dësen Taux ass awer dank den Transferten op eppes liicht méi wéi 17 % gedréckt ginn. Dat ass eng substanzuell Differenz!

An awer gesi mer, datt trotz den héije Sozialtransferten zu Lëtzebuerg grad si engem erhéichten Aarmutsrisiko ausgesat bleiwen. D'DP-Fraktioun ass dowéinst oppen, fir iwwer eng zousätzlech, sozial gestaffelt Hëllef fir Familljen ze diskutéieren, besonnesch fir déi elengerzéiend.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler** (DP) | Zum Logement. D'Demokratesch Partei erkennt d'Wichtegkeet vun der Logementsproblematik, jo, loosse mer soen der Logementskris, un. Fir vill Leit, besonnesch fir déi jénger, ass den Immobiliemarkt zu Lëtzebuerg deels onerschwénglech ginn. Fir eis ass et selbstverständlech, datt jidderee soll kënnen Zougang zu bezuelbarem Wunnraum hunn.

Dës Feststellung ass natierlech net nei. Et ass och schonn an deene leschte Jore munches passéiert, och an der Steierpolitik, och fir géint d'Spekulatioun virzegoen. Mir bekennen eis weiderhin zum Engagement, deen de Premier Xavier Bettel a senger leschter Ried



zur Lag vun der Natioun geholl huet, fir d'Grundsteuer ze reforméieren. A mir freeën eis, dass bis Oktober, bis Hierscht, e Gesetzesprojet an deem Sënn deposéiert wäert ginn.

Och a puncto national Spekulationssteuer an engem Regëster fir eidel stehend Wunnenge wäerte mir an den nächste Méint Virschléi vun der Regierung proposéiert kréien. Leit, déi an enger Logementskris mat Immobilie spékuléieren an decidéieren, Wunnpotenzial net auszunutzen, mussen sech mat Steieren un den Efforte vun der öffentlecher Hand bedeelegen, fir méi abordabele Wunnumraum ze bauen! Dozou sti mir och!

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler (DP)** | Den Amortissement accéléré ass eng steierlech Moossnam, déi dacks kritiséiert gëtt. Ech erënneren drun – an dat gëtt dacks vergiess oder villfach vergiess –, dass mir am Budget 2021 den Amortissement accéléré manner attraktiv gemaach hunn. D'Dauer an den Taux goufen deemools erofgesat.

Ech soen Iech och haut, dass mir bereet sinn, kuerzfristeg iwwer weider Ännerungen an deem Zesammenhang ze diskutéieren. Mir müssen eis awer och éierlecherweis bewusst sinn, dass d'Logementsproblematik net just iwwer Steiere geléist ka ginn.

Eng weider kuerzfristeg Propos vun der demokratescher Fraktioun wier et, am Kader vun der Nohaltegkeet ze analyséieren, ob an a wéi engem Mooss déi nei europäesch Direktiv vum Abrëll 2022 iwwert d'TVA eis weiderhëllef kéint, fir d'Reparaturen an domadder d'Kreeslafwirtschaft ze fërderen. Dat kéint e Wee sinn, fir a verschidde Secteuren eise Ressourcenverbrauch erofzesetzen an awer och lokal Aarbechtsplazen ze schafen.

Well et geet jo och drëm – dass gëtt dacks vergiess, och vläicht an dem Steuerdebat –, dass mer ëmmer de Fokus mussen behalen op d'Aarbechtsplazen, déi mer müssen emol fir d'éischt erhalen, an eventuell och fir neier kënnen ze schafen. Gradesou sollt een eeben iwwer weider Piste bei der Taxe d'abonnement vun nohaltege Fongen iwwerleeën.

Nieft all deem, wat mir elo schonn an dëser Ried u Pisten opgewisen hunn, wëll ech och nach op e puer weider Moossnamen agoen, déi fir eis Fraktioun net kuerz-, awer mëttel- a laangfristeg missten diskutéiert ginn, spréch am Kloertext: Soubal déi budgetär Situatioun méi entspaant ass, soubal dës eis dat erlaabt.

Zur Individualiséierung. Grad d'Individualiséierung ass a bleift fir eis en Thema. Et ass de Schrëtt aus dem traditionelle Steuerklassem System eraus, fir d'Leit, déi an deenen ënnerschiddlechste Familljen- a Liewensmodeller stinn oder Liewenssituatiounen sinn, no engem eenzege Steuerbarème ze besteieren. Dat wier eng grondleeënd Verännerung. Dat verlaangt awer eng holistesche Approche, déi iwwer e bestëmmten Zäitraum duerchgezu misst ginn, fir dass d'Steierzueler hir individuell Choix treffen kéinten an och dofir Zäit hätten.

Et ass dowéinst fir keen heibannen eng Iwwerrassung, wann ech Iech soen, dass mir als Demokratesch Partei weider fir eng generell Individualiséierung sinn. D'Individualiséierung bleift also mëttelfristeg eist Zil.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler (DP)** | Zur nohalteger Entwécklung. Ech hunn et och gesot: Nohaltegkeet an Digitaliséierung wäerten an eiser Steuerlandschaft ëmmer méi u Wichtegkeet gewannen. Mee et muss ee soen: Mir si mat deenen zwou Transitivene konfrontéiert. An déi Transitivene wäerten an den nächste Joren

nach ëmmer méi eng reegelrecht Erausfuhrderung ginn.

Nieft de substantielle Mëttel, déi vun der öffentlecher Hand an de Grapp geholl ginn, fir eeben dës Transitivene hinze kréien, jo, se ze finanzéieren, se ze ënnerstëtzen, si mir als DP-Fraktioun iwwerzeegt dervun, dass jiddere sech mat sengen Erspuennissen un deem kollektiven Effort bedeelege kënnen misst an dofir eng steierlech Entlaaschtung kréie sollt. Mir hatten och schonn an der Cofibu änlech Propositionen.

Mir als DP-Fraktioun wëllten do eeben op de Wee goen, de Privatleit d'Méiglechkeet ze ginn, Investisementer an nohaltege Finanzproduiten oder -aktivitéiten, also a Betriber, steierlech geltend ze maachen, dass wéi ëmmer ënner bestëmmte Bedéngungen. Dass ass kloer.

Soumat soll e wichtege Hiewel a Beweegung gesat ginn, fir eeben d'Investisementer an den Développement durable ze favoriséieren, se ze erméiglechen.

Wa mir op dee Wee ginn, dann ass et wichtege, dass dës Steueravantages op déi Finanzprodukte limitéiert sinn, déi eeben déi ambitionéiert Nohaltegkeetsziler hunn, also d'Finanzproduiten aus dem Artikel 9 aus dem Taxonomiereglement. Dass betounen ech besonnesch elo no de rezenten Diskussiounen iwwert d'europäesch Taxonomie.

Des Weidere kéint d'DP-Fraktioun sech och virstellen, dass Privatpersounen, déi a Startuppen investéieren, vun deem Steiervirdeel profitéieren kéinten. An eisen Ae sollte mer och driwwer nodenken, wéi mir dës Entreprisë begleele kéinten, jo, favoriséieren kéinten, déi eeben Investisementer an d'Innovatioun respektiv am Sënn vun der duebeler Transitivene maachen. Do kéint ee sech iwwer eng fiskalesch Superdeduktioun Gedanke maachen, déi d'Betriber vun hirer Base impossible ofzéie kéinten.

Zu der Kompetitivitéit an der Attraktioun vun neien Talenter. D'Kompetitivitéit ass eent vun de fënnf groussen Theemen aus dem Rapport; de Gilles Roth hat et virdrun nach mentionéiert. Eng Realitéit vun eiser Steuerpolitik ass nämlech déi, dass hir Auswierkunge wäit iwwert d'Landesgrenzen erausginn. Besonnesch als kleng a séier oppen Economie mat eeben héich spezialiséierte Branchen si mir op qualifizéiert Aarbechtskräften ugewisen. Dozou gehéieren eeben och Talenter aus dem Ausland. Mir liewen hei net op enger Insel.

Fir e qualitative Wuesstem ze schafen, mussen mir, nieft enger héijer Liewensqualitéit, och steierlech attraktiv sinn, fir Leit aus dem Ausland unzezéien an och heize behalen, soss gi se op aner Plazen!

Mir sinn awer bäi Wäitem net déi Eenzeg eeben, déi dës Leit unzéie wëllen. A mir stinn an deem Beräich, dass hu mer och diskutéiert, a Konkurrenz mat villen anere Länner an der Europäescher Uniou an vläicht och doriwwer eraus. Denke mer u London. Denke mer un de Brexit.

Dës Konkurrenz spillt net just um Niveau vun der Talent Attraction, mee op all eenzelnen Aspekt vun eiser Steuerlandschaft. Huele mir Irland als Beispill, e Memberstaat mat enger ganz kompetitiver Steuerpolitik. Och mat Irland mussen mer eis moossen, mam Risiko, dass mir Investitiounen, Fongen an eeben och a grad Talenter u si verléieren.

Mir hunn, wéi gesot, am Budget 2021 am Sënn vun der steierlecher Gerechtegkeet de Mëssbräich bei de Stockoptions en Enn gesat. Amplaz hu mer eng Prime participative an d'Liewe geruff, déi den Employeur senge Salariéen zougestoe kann. Des Weideren ass de Régime des impatriés agefouert ginn, deen eeben d'Entreprisë fiskalesch ënnerstëtzt, wa si aus dem wäiten Ausland e spezifesch Profil u Bord, u Land, zéie wëllen.

Mir als DP-Fraktioun kéinten eis virstellen, dës Moossnamen op de Leescht ze huelen an eventuell punktuell Adaptatiounen virzehuelen, fir eeben d'Attraktivitéit vun eise Standuert ze stäerken a weider wichtege human Ressourcen op Lëtzebuerg ze kréien an heize behalen. Et gëtt ëmmer vum „capital humain“ geschwat. Ech hunn dass Wuert net esou gär, ech schwätze léiwere vun humanen, mënschlechen Ressourcen, well mir dierfen hei de Mënsch net vergiessen.

Am Interêt vun eise Betriber, vun eiser Wirtschaft an eeben och am Interêt vun eisen Aarbechtsplazen soll eis dass um Häerz leien. A schlussendlech fir de Wuertstand vun eis all, well vergiesse mer net: De Mënsch, säi Kënnen a seng Intelligenz, seng Schaffensfreedegkeet, seng Innovationsfäegkeet, ass déi wichtege Ressource, déi mer hunn, fir eebe méi Valeur ajoutée ze schafen. Anerer hunn, dass wësse mer jo elo, à merveille ganz vill Ressources naturelles non renouvelables.

Mir hunn dass net – jiddefalls net an deem Mooss. Minimes. An duerfir brauche mer den eenzelne Mënsch. Dass ass déi wichtege Ressource, op déi mer kënnen zielen.

Zur Uppassung vun der Steiertabelle un d'Inflatioun. Dass gëtt jo ëmmer nees opgegraff a vill diskutéiert an ech verstinn dass och. E Sujet, deen haut wierklech och hei ugeschwat ginn ass, ass eeben d'Adaptatioun vum Barème un d'Inflatioun, un d'Präisdeierecht, wéi d'Lëtzeburger soen, respektiv och eng nei Ausriichtung vun der Progressivitéit.

Jo, an eisen Aen ass dass mëttelfristeg en Zil, fir eeben déi Kleng- a Mëttelverdénger weider ze entlaaschten – si goufe schonn 2017 eng éischte Kéier entlaascht –, well et eeben dës Kleng- a Mëttelverdénger sinn, déi e Méi u Kafkraaft kënnen gutt gebrauchen. Dass kéint am Kader vu gréisseren Ajustementen stattfinden.

Mir stinn awer och derzou, dass dat awer nëmme méiglech ass, wa mer eis et nees leeschte kënnen an net Scholden um Bockel vun de kommenden, de jéngere Generatiounen mussen gemaach ginn, fir eng Reform ze finanzéieren.

Mir hunn am Rapport vun haut héieren, wéi vill esou eng Moossnam kaschte géif: 600 Milliounen Euro pro Joer. An der aktueller Situatioun, gepräagt vu Pandemie a Krich, an där mer mat engem Defizit vu wäit iwwer enger Milliard konfrontéiert sinn, wier et einfach aus eiser Siicht net responsabel, esou eng Mesure elo direkt, zu deemem Moment, an d'Spill ze bréngen.

Mëttelfristeg si mer och dervun iwwerzeegt, dass verschidden – dass gouf och virdrun ugeschwat – Abatementen, Steierkreditter respektiv Revenuseilen ugepasst mussen ginn, zemoos am Beräich vun der Besteuerung, déi d'Eegenheim betrëfft, Stéchwuert: Prêt hypothécaire.

Zur Digitaliséierung, Simplification administrative. E leschte Punkt, deen am Rapport opgegraff gëtt, ass last but not least déi administrativ Vereinfachung. Eis Steierverwaltungen hunn zanter enger Rei Joren Efforte gemaach am Beräich vun der Digitaliséierung an der administrativer Simplificatioun.

Sou hunn zanter Februar scho vill Leit zum Beispill hir Steiererklärung mat Hëllef vun engem interaktive Formular ausfüllen an ofschécke kënnen. Dës Efforte gëllt et wierklech weiderzeféieren, well d'Digitalisatioun erlaabt et, méi effikass, méi séier ze schaffen an och méi Transparenz an d'Besteuerung ze bréngen. A vläicht och, fir der Steierverwaltung d'Méiglechkeet ze ginn, eis nach méi fabel Donnéeën



ze liwweren, dank eeben enger digitaliséierter, verstäerkter Approche.

Ech kommen zur Konklusioun. Här President, léif alleguer, gleeft mir: Ech géif léiwer hei stoen an Iech soen: „Mir hu Sputt, fir déifgräifend Moosnamen ze huelen. Mir setzen d'Steieren hei elo erof a mir entlaaschten do an hei.“ Mee ech denken, et ass méi wéi kloer no dëser Ried, datt mir net bereet sinn, d'Nohaltegkeet vun eise Staatsfinanzen, an esou eisen Triple-A, an enger Welt voller Onsécherheeten, Risiken an negativen Iwwerrasschungne liichtfankeg op d'Spill ze setzen.

Wann hei zu Lëtzebuerg e manner grouse Kuch gebak géif ginn, da sténgen Aarbechtsplazen, an domat individuell Schicksaler, um Spill. D'Wirtschaft géif an eng Kris gestierzt ginn. Et kéim herno och esou wäit, datt et manner ze verdeele géif. Dat géif d'Aarmut fërdere. Et géif déi Schwächst an der Gesellschaft batter treffen. An dat wëlle mer op kee Fall!

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler** (DP) | D'Demokratesch Partei gött awer kengesfalls hir mëttel- a laangfristeg Ziler op.

Fir eis ass et kloer, datt nach vill geschéie muss a geschéie wäert.

Fir d'Innovatioun a soumat de Wuesstem ze stäerken, si mir géint Steiererhéijungen a mir si géint d'Aféierung vun enger Ierfschaftssteuer oder enger Verméigenssteuer fir déi privat Stéit.

Mir si fir eng Reform vun der Grondsteuer, fir eng Spekulationssteuer a fir e Regëster vun eidel stoende Wunnengen.

Mir hale weiderhin un eiser sozialliberaler Steuerpolitik fest, déi et eis erlaabt huet, zanter enger ganzer Rei Joren d'Staatsfinanze grondsätzlech op besser Féiss ze stellen an d'Kleng- a Mëttelverdenger ze entlaaschten.

Mir hu strukturell a sozial Moosname geholl an elo während der Kris de Biergerinnen a Bierger, den Independanten an och de Betriber konsequent gehollef.

Mir hale weiderhin un enger Steuerreform fest, fir d'Steierlaascht ze individualiséieren.

Mir wäerten d'Investitiounen an eng nohalteg Zukunft am Numm vu Klima- an Ëmweltschutz souwéi an d'Digitaliséierung an an déi administrativ Vereinfachung héichhalen.

D'Demokratesch Partei steet fir eng Finanz- a Budgetpolitik, déi Verantwortung iwwerhëlt vis-à-vis vun de kommende Generatiounen, déi d'Attraktivitéit vum Land héich hält an d'Leit do ënnerstëtzt, wou et Sënn mécht.

Voilà! Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech wënschen eis weiderhin nach e konstruktiven Debat. Merci!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Bauler.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung fir de Moien ukomm. D'Chamber fiert de Mëtten um 14.00 Auer mat der Debat weider.

D'Sitzung ass opgehewen.

*(La séance publique est levée à 11.50 heures.)*

## Questions au Gouvernement

### Sommaire

| Objet                                                                                                                                                           | N°   | Auteur                                | Page | Objet                                                                           | N°   | Auteur                           | Page |
|-----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|---------------------------------------|------|---------------------------------------------------------------------------------|------|----------------------------------|------|
| Extension des parcs éoliens                                                                                                                                     | 6412 | Jean-Paul Schaaf                      | 72   | Bornes d'appel d'urgence                                                        | 6665 | Claude Lamberty, Max Hahn        | 82   |
| Subventions pour bornes électriques                                                                                                                             | 6489 | Paul Galles                           | 73   | Trans-Atlantic Data Privacy Framework                                           | 6666 | Laurent Mosar                    | 82   |
| Évolution des taux d'échec et de chômage chez les jeunes en cours ou en fin de formation                                                                        | 6498 | Myriam Cecchetti                      | 73   | Tournées du « Impfbus » dans le nord du pays                                    | 6667 | André Bauler                     | 82   |
| Promotion des énergies renouvelables                                                                                                                            | 6516 | Max Hahn, Claude Lamberty             | 74   | Coopération avec le Nicaragua                                                   | 6669 | Fred Keup                        | 83   |
| Route nationale N10 entre Reisdorf et Hoesdorf                                                                                                                  | 6526 | André Bauler                          | 74   | Aides suite aux inondations du mois de juillet 2021                             | 6670 | Fred Keup, Jeff Engelen          | 83   |
| Contrôle de la vitesse                                                                                                                                          | 6538 | Jeff Engelen                          | 75   | Blocage des visas des touristes russes                                          | 6671 | Roy Reding                       | 83   |
| Délinquance juvénile en milieu scolaire                                                                                                                         | 6539 | Fred Keup                             | 75   | Soldats luxembourgeois au Mali                                                  | 6673 | Fred Keup                        | 84   |
| Décrochage scolaire                                                                                                                                             | 6566 | Francine Closener, Mars Di Bartolomeo | 76   | Bornes pour voitures électriques « Tesla »                                      | 6674 | Fred Keup                        | 84   |
| Suspension de la liquidation des indemnités d'entraîneurs assistants, de kinésithérapeutes et de préparateurs physiques impliqués dans les centres de formation | 6577 | Georges Mischo                        | 77   | Registre des bénéficiaires effectifs                                            | 6675 | Sven Clement                     | 85   |
| Suspension de la liquidation des indemnités d'entraîneurs assistants, de kinésithérapeutes et de préparateurs physiques impliqués dans les centres de formation | 6578 | Claude Lamberty, Carole Hartmann      | 77   | Foire de l'étudiant 2022                                                        | 6676 | Martine Hansen                   | 85   |
| Criminalité chez les jeunes                                                                                                                                     | 6638 | Fernand Kartheiser                    | 78   | Mécanisme de recrutement des « Quereinsteiger » pour l'enseignement fondamental | 6677 | Josée Lorsché, Djuna Bernard     | 86   |
| Plan d'urgence gaz                                                                                                                                              | 6640 | Fred Keup, Fernand Kartheiser         | 78   | Distributeurs de produits hygiéniques gratuits dans les lieux publics           | 6678 | Jessie Thill                     | 87   |
| Système fiscal                                                                                                                                                  | 6653 | Dan Kersch                            | 79   | Reprise des contrôles médico-dentaires dans l'enseignement fondamental          | 6680 | Josée Lorsché, Marc Hansen       | 87   |
| Situation du secteur de la construction                                                                                                                         | 6657 | André Bauler                          | 79   | Syndrome de La Havane                                                           | 6681 | Martine Hansen                   | 88   |
| Mobbing dans la fonction publique                                                                                                                               | 6659 | Sven Clement, Marc Goergen            | 80   | Sommet agricole                                                                 | 6682 | Martine Hansen, Octavie Modert   | 88   |
| Langue luxembourgeoise enseignée à l'École internationale de Differdange                                                                                        | 6662 | Fred Keup                             | 81   | Tests génétiques effectués par le LNS                                           | 6683 | Sven Clement                     | 89   |
| Votes du Luxembourg dans les différents organismes des Nations Unies                                                                                            | 6664 | Sven Clement                          | 81   | Agressions dans l'enseignement fondamental                                      | 6684 | Sven Clement                     | 90   |
|                                                                                                                                                                 |      |                                       |      | Bataillon de reconnaissance de combat                                           | 6685 | Diane Adehm, Jean-Marie Halsdorf | 90   |
|                                                                                                                                                                 |      |                                       |      | Perspectives pour l'agriculture au Luxembourg                                   | 6686 | André Bauler, Gusty Graas        | 91   |
|                                                                                                                                                                 |      |                                       |      | Primes vélo                                                                     | 6687 | Marc Lies                        | 92   |



|                                                                                                     |      |                                        |    |                                                                                                                                       |      |                             |    |
|-----------------------------------------------------------------------------------------------------|------|----------------------------------------|----|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|-----------------------------|----|
| Hausse du prix du gaz naturel                                                                       | 6688 | Gilles Roth, Martine Hansen, Marc Lies | 92 | Responsabilité en cas d'accident d'une voiture autonome                                                                               | 6706 | Jeff Engelen, Roy Reding    | 96 |
| Protection des données dans le cadre de « Google Street View » au Luxembourg                        | 6690 | Marc Goergen                           | 92 | Dégradation de la N25 entre Kautenbach et Wiltz                                                                                       | 6707 | André Bauler                | 97 |
| Nouveau tracé du tram dans l'avenue de la Porte-Neuve                                               | 6693 | Roy Reding, Fred Keup                  | 93 | Délais d'attente en gastro-entérologie pour réaliser une cœso-gastroscopie                                                            | 6709 | Martine Hansen, Marc Spautz | 97 |
| Taxe de navigation fluviale sur la Moselle                                                          | 6694 | Jeff Engelen                           | 93 | Remise carburant                                                                                                                      | 6710 | Fred Keup                   | 97 |
| Promotion des métiers                                                                               | 6695 | Fred Keup                              | 93 | Prolongation de la remise sur le mazout                                                                                               | 6711 | Fred Keup                   | 97 |
| Politique en Bosnie-Herzégovine                                                                     | 6696 | Fernand Kartheiser                     | 94 | Réforme du réseau RGTR                                                                                                                | 6714 | Martine Hansen, Aly Kaes    | 98 |
| Création de maisons de naissance                                                                    | 6697 | Diane Adehm, Martine Hansen            | 94 | Conséquences juridiques dans le cadre des manifestations contre les mesures sanitaires de lutte contre le Covid-19 du 15 janvier 2022 | 6716 | Fernand Kartheiser          | 98 |
| Impact de l'inflation sur le taux de défaillance des ménages ainsi que sur la propension à épargner | 6699 | Fernand Kartheiser, Roy Reding         | 95 | Protection des données dans le cadre des manifestations contre les mesures sanitaires de lutte contre le Covid-19 du 15 janvier 2022  | 6717 | Fernand Kartheiser          | 98 |
| Rémunération de collaborateurs externes                                                             | 6701 | Fred Keup                              | 95 | Présence luxembourgeoise à la foire du livre de Francfort                                                                             | 6720 | Fred Keup                   | 98 |
| Hausse des prix de l'énergie                                                                        | 6702 | Gilles Roth                            | 96 |                                                                                                                                       |      |                             |    |
| Païement du billet d'avion à l'aéroport lors du check-in                                            | 6705 | Marc Goergen                           | 96 |                                                                                                                                       |      |                             |    |

## Extension des parcs éoliens | Question 6412 (28/06/2022) de M. Jean-Paul Schaaf (CSV)

Den Ëmweltminister hat an der Séance publique Nr. 47 op meng parlamentaresch Fro Nr. 5979 a mëndlecher Form geäntwert. Leider ass de Minister nëmmen deelweis op déi eenzel Froen agaangen a konnt net en détail op déi eenzel Froen agoen, wat och seng zäitlech Grënn hat. Dofir wollt ech de Minister bidden, nach eemol en détail op déi verschidde Froen ze äntweren.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch stellen:

1. Wéi eng Projete fir Wandmille goufen um Ëmweltministère an de leschten 10 Joer agereecht?
2. Kann d'Ministesch eenzel oplëschten, wou déi Projete jeeweils dru sinn?  
– Wéini sinn se an d'Prozedur gaangen, jeeweils opgelëscht no Kommodos- an Naturschutzgeneemegung?  
– Wéini ass eng definitiv Decisioun fir de Bau am Ëmweltministère geholl ginn?  
– Wéi vill a wei eng Projete si geneemegt ginn?  
– Wéi vill a wei eng Projete si refuséiert ginn?  
– Wat ware d'Grënn vun engem Refus?
3. Wéi eng Projete sinn de Moment nach an der Prozedur?  
– Wéini sinn se agereecht ginn?  
– Wou ass déi Geneemegungsprozedur drun?
4. Wéi laang dauert eng Geneemegungsprozedur am Duerchschnëtt (vun der initialer Planung bis zur fäerdeg Wandmillen, déi Energie produzéiert)?  
– Wéi oft koom et zu Verzögerungen opgrond vu Kloe vun Interessevertreider oder Biergerinitiativen?  
– Ass ee gewëllt, déi Geneemegungsprozeduren ze vereinfachen an ze entbürokratiséieren?  
• Wa jo, wéi wëll een dat errechen?  
• Wann nee, wat sinn d'Grënn?

**Réponse** (28/09/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. an 2.

Preliminär Remarque: D'Äntwert op dës parlamentaresch Fro bezitt sech op d'Situatioun vum 18. August 2022

## Commodo

Wéi eng Wandmillen et gëtt a weider Detailler gesäit een op <http://g-o.lu/3/HkE2> an op [https://environnement.public.lu/dam-assets/documents/emwelt-prozeduren/etablissements\\_classes/eoliennes/eoliennes-autorisees-03-2022-version-internet.pdf](https://environnement.public.lu/dam-assets/documents/emwelt-prozeduren/etablissements_classes/eoliennes/eoliennes-autorisees-03-2022-version-internet.pdf).

Insgesamt waren et 58 Ufroen am Kommodosberäich, siwen dovunner goufen am Laf vun der Prozedur anulëiert (déi sinn net am Tableau ugewise). Et sief och zousätzlech bemierkt, dass fir ee Projet méi wéi eng Demande kann eragereecht ginn.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

An der Hypothees, dass den éierewäerten Deputéierte mat „an d'Prozedur gaangen“ mengt, wéini déi Demanden eragereecht gi sinn, weist de folgendes Tableau d'Detailler vun den ofgeschlossenen Demanden, déi direkt d'Wandmille betreffen, wat de Kommodos-ëmweltdeel ugeet:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

An deene leschten 10 Joer sinn insgesamt 43 Kommodosdemande geneemegt ginn. Et ass keng Kommodosautorisation refuséiert ginn.

Des Weideren ass eng Prolongatioun vun der Betribsdauer geneemegt ginn.

Wat Kommodo ugeet, ass nach ze soen, dass net nëmmen eng Geneemegung vum fir Ëmwelt zoustännege Minister muss accordéiert ginn, mee och eng vum fir Aarbecht zoustännege Minister. D'Instruktionsdauer vun esou engem Dossier hänkt dowéinst zu gläichen Deeler vun deene jeeweilege Verwaltungen a Ministère of.

## Naturschutz

An de leschten 10 Joer sinn eng 35 Projeten agereecht ginn. D'Envergure rechen dobäi vu vereenzelte Wandmillen zu ganze Wandparke mat bis zu aacht Anlagen.

Vu dass sech Wandparken an der Zäit veränneren, et kënnen Wandmillen derbäikommen oder verschiddener duerch méi performant Wandmillen ersat ginn, kënnen Projeten e puermol an dëser Lëscht virkommen.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

An deene meeschte Fäll sinn d'Grënn vun engem Refus am Kader vu Wandmilleprojeten den Aarteschutz, d'Proximitéit vun Naturschutzgebiddere oder anere sensibele Beräicher an och „mesures d'atténuation insuffisantes“ nom Artikel 27 vun dem modifizéierten Naturschutzgesetz.

ad 3.

## Commodo

An der Hypothees, dass den éierewäerten Deputéierte mat „nach an der Prozedur“ net ofgeschlossenen Demanden mengt, weist de folgendes Tableau d'Detailler vun deenen Demanden, déi d'Wandmille selwer betreffen:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

## Naturschutz

Den Datum vum Agang vun der Demande, wat Naturschutzgeneemegung ugeet, kann aus der Tabell vun der viregter Fro enthall ginn.

ad 4. Et gëtt bei dëser Äntwert dervun ausgaangen, dass d'Froe sech just op d'Kommodos- an d'Naturschutzgeneemegung bezieen.

Am Tableau an der Äntwert op deen éischte Froeblock gesäit een, wéi laang et an deene jeeweilegen Dossier vum Areeche vun der Demande bis zu enger Kommodosdecisioun vum fir Ëmwelt zoustännege Minister gedauert huet. An der Moyenne sinn dat 368 Deeg bei deenen Dossier, bei deenen eng Enquête publique war. Dësen Zäitraum beinhalt d'Préiwung vun der Demande duerch déi zwou fir de Kommodo zoustännege Verwaltungen, d'Zesummenstellen an Areeche vun nogefroten Zousatzinformationen duerch den Demandeur\*, eng Préiwung vun dësen duerch déi jeeweilege Verwaltungen\*, d'Enquête publique an d'Redaktioun vun der ministerieller Decisioun (\*déi Schrëtt sinn net bei all Demande néideg). D'Gesamtdauer vun dem Deel Instruktioun tëscht Areeche vun enger Demande an dem Feststelle vun den zwou respektive Verwaltungen, dass déi Demande komplett ass (dono geet si an d'Enquête publique) ergëtt sech duerch déi lescht vun deene Feststellungen.

Am Naturschutzberäich ass et änlech: Obschonn d'Prozedur ëmmer déi selwecht ass, kann d'Dauer vum Gesamtprojet variéieren. Dëst, well all natierleche Raum ënnerschiddlech ass an sech och d'Ramebedéngunge lokal ënnerscheede kënnen (z. B. Flora a Fauna, Natura 2000 oder ZPIN). An der Moyenne louch d'Durée bei engem gudde Joer.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4246 vum 10. Mee 2021 vum éierewäerten Deputéierten Här André Bauler gesot, brauch eng Wandmillen awer och nach aner Geneemegungen ewéi eng Kommodos- oder eng Naturschutzgeneemegung.

D'Delaie vun de Geneemegungsprozedur sinn onofhängeg dervunner, ob et Kloe vun Intressevertreder oder Biergerinitiative gëtt. Selbstverständlech ginn all Observatiounen, déi am Kader vun enger Enquête publique vun enger Kommodosdemande gemaach ginn, gepréift a bewäert, iert eng Geneemegung accordéiert gëtt.

D'Kommodogeneemegungsprozedur entsprécht de Virgawe vum Art. 16 vun der europäescher Direktiv (EU) 2018/2001 vum Europäesche Parlament am Rot vum 11. Dezember 2018 iwwert d'Förderung vun der Nutzung vun Energie aus erneuerbare Quellen. Et ass dohier net geplangt, fir déi Zort Exploitatioun aner Reegelen ewéi fir aner Exploitatiounen ze schafen.

En vue vun der aktueller Situatioun gi Weeër fir eng administrative Vereinfachung an domadder eng acceleréiert Prozedur am Kader vum REPower-EU-Plang vun der Europäescher Kommissioun diskutéiert.

#### Subventions pour bornes électriques | Question 6489 (14/07/2022) de M. Paul Galles (CSV)

Onsen Informatiounen no kënn et ëmmer rëm zu Problemer bei der Demande, fir d'Subventiounen vun elektresche Bornen fir E-Autoen opzelueden. Ons ass e konkrete Fall bekannt, wou déi éischt Demande fir eng Subventioun fir d'Installatioun vun enger elektrescher Born bei enger Privatpersoun am Fréijoer 2021 gemaach gouf. No ca. 9 Méint koom de Refus, well et sech net ëm eng Born OCPP handele géif an déi ganz Maison bifamiliale awer 4 (also méi ewéi 3) Parkplazen hätt. Och wann um entsprecheende Certificat vun der Gemeng, deen sech op dat ganz Gebai bezitt, d'Ried vu 4 Parkplazen ass, sou gehéieren dem Demandeur awer nëmmen 2 Parkplazen (well dat Gebai erëm an 2 Appartementer opgedeelt gouf). Den Demandeur hat och nëmmen d'Subventioun, fir eng normal Born, d. h. fir eng Parkplaz ze versuergen, ugefrot. Doropshin ass den Demandeur am Dezember vu leschem Joer an de Recours gaangen a krut dono telefonesch matgedeelt, dass seng Born awer elo d'Krittären, fir eng Subventioun ze kréien, erfëlle géif. Saitdeem ass awer näischt méi geschitt.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch stellen:

1. Wéi vill Demandé fir eng Subventioun fir d'Installatioun vun enger elektrescher Born bei enger Privatpersoun goufen an de leschte Joren ugefrot? Kann d'Ministesch dës Zuele wgl. pro Joer oplëschen?
2. Wéi vill Demandé goufen an de leschte Jore refuséiert? Wat sinn d'Grënn fir dës Refusen?
3. Wéi oft ass den Demandeur a Recours gaangen an wéi oft war dës Recours positiv fir den Demandeur?
4. Wéi oft koom et an der Vergaangenheet zu enger änlecher Problematik wéi uewe beschriwwen? Ass sech d'Ministesch där Problematik bewosst? A wa jo, wéi gedenkt d'Ministesch dorobber ze reagéieren?

5. Wéi laang dauert et am Duerchschnëtt vun der Ufro fir eng Subventioun bis zu enger Äntwert vum Ministère, bzw. dann erëm bis zum Ausbezuelen vun den accordéierte Gelder?

6. Gedenkt d'Ministesch, dës Zäitdauer ze reduzéieren, fir esou den Émstig vun engem klassesche Verbrenner op en E-Auto ze beschleunegen? Wa jo wéi eng Mesurë si geplangt?

**Réponse (27/09/2022) de Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

ad 1. Am Ganze goufe bis elo 2.520 Subventiounen fir elektresch Bornen ugefrot.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 2. Am Ganze si bis elo 166 Refusen am Kader vun de Subventiounen fir elektresch Bornen gemaach ginn.

Refusen hunn haaptsächlech missen aus folgende Grënn gemaach ginn:

- D'Borne ware net OCPP-1.6-fäeg a se waren a Gebaier mat méi ewéi 3 Parkplazen installéiert (105 Demanden)
- D'Subventiounen ware vu Betriber ugefrot ginn (32 Demanden)
- D'Rechnungen waren vu virum 1. Juli 2020 (19 Demanden)
- D'Leeschtung vu der Borne war méi grouss ewéi 11 kW (10 Demanden)

ad 3. Mir kruten am Ganze 27 Recours gracieux, an 11 Fäll gouf d'Decisioun doropshin ofgeännert.

ad 4. Laut dem aktuelle Stand leien zwee Fäll vir, bei deenen e Refus bei „maisons bifamiliales“ mat 4 Parkplazen ausgesprach gouf. Och nom Recours gracieux ass et bei deenen 2 Fäll beim Refus bliwwen, well de reglementareschen Text keen Accord zouléist. Bei engem zukünftigen Iwwerschaaf vum dësem Text ginn déi seele Fäll natierlech mat consideréiert.

ad 5. Am Duerchschnëtt dauert et ëm déi 9 Wochen, fir eng Demande ze traitéieren an ausbezuelen. Et ass awer normal, datt dës Dauer an engem gewësse Moss variéiert an aktuell ass d'Verwaltung amgaangen, d'Demanden, déi Mëtt Mee 2022 komplett waren, ausbezuelen.

ad 6. D'Ëmweltverwaltung schafft kontinuëerlech drun, d'Qualitéit vum Service fir déi finanziell Hëllef ze verbesseren, an dozou gehéiert och, d'Delaie fir de Bierger sou kuerz wei méiglech ze halen. Aktuell schafft d'Ëmweltverwaltung mam CTIE en enger Demarche, fir Subventiounen fir d'Installatioun vun elektreschen Bornen digital ufroen ze kënnen. Dës Projet ass scho méi wäit fortgeschratt a soll ënner anerem hëllef, d'Delaie ze reduzéieren.

#### Évolution des taux d'échec et de chômage chez les jeunes en cours ou en fin de formation | Question 6498 (19/07/2022) de Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)

Les rapports nationaux sur l'éducation nous livrent un certain nombre de données sur la transition entre parcours scolaires et parcours professionnels des élèves et sur l'évaluation de leurs performances scolaires.

En supplément des chiffres et données dont nous disposons d'ores et déjà, je me permets de vous poser un certain nombre de questions afin de compléter le tableau de l'analyse de l'évolution des taux d'échec et de chômage chez les jeunes en cours ou en fin de formation dans le domaine de la formation professionnelle et en général :

1) Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale peut-il me communiquer pour les dix dernières années le taux d'abandon des élèves qui au cours d'une formation DAP et CCP ont abandonné leur formation respective en cours de route ?

2) De même, Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale peut-il me dire le taux d'abandon des élèves en formation bachelor et master sans distinction des formations suivies qui ont abandonné cette formation en cours de route ?

3) Messieurs les Ministres de l'Éducation nationale et du Travail peuvent-ils me signaler la durée moyenne des périodes de chômage pour les élèves diplômés respectivement d'un DAP, d'une première classique, d'une 13<sup>e</sup> d'enseignement général, d'une 14<sup>e</sup> et d'un bachelor ?

4) Messieurs les Ministres peuvent-ils me communiquer le taux de personnes disposant d'un diplôme d'études universitaires sans distinction de la formation suivie, mais lesquelles à leur embauche et à leur poste ne bénéficient pas de la reconnaissance de leur diplôme ?

5) Messieurs les Ministres peuvent-ils me renseigner sur le taux de personnes qui ont obtenu un diplôme de fin d'études secondaires sans distinction du parcours de formation suivi, à savoir une 1<sup>re</sup>, 13<sup>e</sup> et/ou 14<sup>e</sup>, mais qui n'ont pas trouvé un emploi par la suite ?

**Réponse (27/09/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche | M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire**

ad 1) Veuillez trouver ci-dessous les pourcentages d'élèves en formation CCP et DAP qui ont été notifiés en « arrêt formation » dans le Fichier élèves :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Il importe de préciser que l'« arrêt formation » ne peut être assimilé à un décrochage scolaire. Ainsi, par exemple, un élève qui arrête une formation pour intégrer une autre classe la même année ou l'année suivante se trouve comptabilisé dans les pourcentages ci-dessus.

Il s'agit également de souligner que depuis l'année scolaire 2020-2021, les élèves qui n'ont pas trouvé d'entreprise formatrice au 15 septembre sont inscrits dans la classe de la formation de leur choix au sein d'un lycée afin de bénéficier d'un accompagnement plus soutenu dans la recherche d'un poste d'apprentissage. Cela n'a pas été le cas antérieurement et explique donc un taux d'« arrêt formation » plus élevé.

ad 2) Selon les informations transmises par l'Université du Luxembourg, au cours des années académiques 2011-2012 à 2020-2021, en moyenne 10,2 % des étudiants inscrits en bachelor et en master en début d'année académique et ayant effectivement commencé leurs études, c'est-à-dire ayant participé à au moins un examen, terminent leurs études de bachelor ou de master à l'Université du Luxembourg sans diplôme. Ce taux est légèrement plus élevé pour les étudiants en bachelor (11,2 %) que pour les étudiants en master (8,0 %). Au cours de l'année académique 2020-2021, 8,9 % des étudiants en bachelor et en master ont terminé leurs études sans obtenir de diplôme (bachelor 10,2 %, master 6,4 %).

Ces chiffres incluent, d'une part, les étudiants exclus de leur programme d'études soit parce qu'ils ont dépassé la durée maximale des études, soit parce qu'ils n'ont pas rempli les exigences minimales en matière de crédits ECTS et, d'autre part, les étudiants qui mettent volontairement fin à leurs études à l'université. Outre les



faibles espoirs individuels d'achever avec succès les programmes d'études, les raisons possibles de l'abandon des études à l'université sont la poursuite des études dans un autre établissement universitaire, l'entrée dans la vie active ou le choix d'un parcours de formation non universitaire.

La diminution constatée au niveau du taux d'abandon en 2020-2021 peut s'expliquer par des critères plus rigoureux lors des admissions aux programmes d'études, ainsi que par un meilleur suivi et accompagnement des étudiants lors de leurs études.

Pour mettre ces chiffres en perspective, on peut citer une étude de Behr et al.<sup>1</sup> de 2020, qui a fourni les taux de décrochage suivants au niveau du bachelors: En Allemagne, 14,7 % des étudiants abandonnent les études de bachelors, contre 17,9 % en France, 24,2 % en Espagne, 28,3 % aux Pays-Bas et 34,1 % en Italie.

ad 3) L'analyse des chiffres de l'année scolaire 2018-2019 (chiffres les plus récents) observés dans le cadre de l'étude TEVA (Transition école vie active) réalisée sur les jeunes issus des classes de la formation professionnelle donne les durées suivantes :

- La durée moyenne des périodes de chômage indemnisé pour les diplômés d'un CCP : 5,9 mois au cours de 12 premiers mois qui suivent l'obtention du certificat ;
- La durée moyenne des périodes de chômage indemnisé pour les diplômés d'un DAP : 3,9 mois au cours de 12 premiers mois qui suivent l'obtention du diplôme ;
- La durée moyenne des périodes de chômage indemnisé pour les diplômés d'un DT : 3,7 mois au cours de 12 premiers mois qui suivent l'obtention du diplôme.

Ces statistiques sont à interpréter avec prudence dans la mesure où seule une partie des diplômés connaissent au moins une fois une période de chômage indemnisé et/ou d'inactivité au cours des douze premiers mois qui suivent l'obtention du diplôme/certificat. Par exemple, pour les diplômés d'un DAP, seuls 17 % d'entre eux connaissent au moins une fois une période de chômage indemnisé au cours de l'année qui suit l'obtention du diplôme. Par ailleurs, la période d'observation est marquée par la pandémie Covid-19, donc atypique pour ce qui est des difficultés d'insertion sur le marché du travail.

Pour l'enseignement secondaire classique et l'enseignement secondaire général, il n'existe pas de telles statistiques dans l'étude TEVA.

L'ADEM ne dispose pas de données sur les élèves. Par contre, elle peut analyser les durées d'inscription des jeunes demandeurs d'emploi qui décident de s'inscrire à l'ADEM, en fonction de leur diplôme (en ne considérant que les jeunes demandeurs d'emploi inscrits jusque cinq années après l'âge théorique de l'obtention du diplôme en question).

Cette analyse montre que les durées d'inscription sont généralement plus courtes pour les diplômes plus élevés.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 4) Les services de nos ministères ne disposent pas de ce genre de statistiques en interne. Néanmoins, Eurostat publie des « statistiques expérimentales » qui s'appuient sur de nouvelles méthodes et sources de

données afin de mieux répondre aux besoins des utilisateurs en temps opportun<sup>2</sup>.

Parmi ces statistiques expérimentales figurent des statistiques sur les compétences, et Eurostat publie le taux de surqualification par activité économique pour la période 2008 à 2020<sup>3</sup>.

Ainsi, en 2020, 3,9 % des travailleurs âgés de 20 à 64 ans avec un diplôme d'enseignement supérieur travaillent au Luxembourg dans les secteurs 4 à 9 de la classification CIP et sont donc considérés comme surqualifiés (autrement dit, ces personnes diplômées de l'enseignement supérieur travaillent dans les secteurs suivants : 4 – Employés de type administratif, 5 – Personnel des services directs aux particuliers, commerçants et vendeurs, 6 – Agriculteurs et ouvriers qualifiés de l'agriculture, de la sylviculture et de la pêche, 7 – Métiers qualifiés de l'industrie et de l'artisanat, 8 – Conducteurs d'installations et de machines, et ouvriers de l'assemblage, 9 – Professions élémentaires).

ad 5) Selon l'Agence pour le développement de l'emploi (ADEM), le nombre de demandeurs d'emploi résidents disponibles s'établit à 14.269 au 30 avril 2022. Parmi les personnes inscrites à l'ADEM, 4.395 disposaient d'un diplôme de fin d'études secondaires.

## Promotion des énergies renouvelables | Question 6516 (20/07/2022) de M. Max Hahn | M. Claude Lamberty (DP)

Den Ausbau von den erneuerbaren Energien ass eng vun de Prioritéite vun der Regierung am Kampf géint de Klimawandel. Allerdéngs féiere laang Geneemegungsprozeduren dozou, dass den Ausbau, besonnesch bei der Wandenergie, nëmme lues virukënn.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:

1. Wat war iwwer déi lescht fënnf Joer déi duerchschnëttlech Dauer vun de Geneemegungsprozedure fir eng Wandanlag?
2. Wéi wëll d'Regierung d'Prozedure beschleunegen, fir dass méi séier méi Wandanlage gebaut kënnen ginn?
3. Gëtt et Estimatiounen vusäite vum Energieministère, wéi grouss de Potenzial zu Lëtzebuerg ass, fir weider Wandanlagen ze bauen?
4. Wéi vill méi al Wandanlage sollen an den nächste Joer duerch méi nei Modeller ersat ginn? Wéi vill Energie kéint doduerch zousätzlech produzéiert ginn?

Réponse (28/09/2022) de Mme Joëlle Welfring, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | M. Claude Turmes, Ministère de l'Énergie

ad 1. Ech verweisen hei op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 6412 vum éierewäerten Deputéierte Jean-Paul Schaaf.

ad 2. D'Ministère sinn a reegelméissegem a guddem Echange mat anere Ministère a Verwaltungen, fir d'Prozeduren ze vereinfachen. De Plang REPowerEU, deen déi Europäesch Kommissioun den 18. Mee 2022 virgestallt huet, an deen, ënnert anerem, ee méi séieren Ausbau vun den erneuerbaren Energie virgesäit, beinhaltet eebenfalls Recommandatiounen, fir

d'Geneemegungsprozeduren ze vereinfachen an ze beschleunegen.

Konkreet Texter ginn am Moment grad zu Bréissel diskutéiert an den Energieminister kuckt da mat deenen anere Regierungskollegen, fir déi Mesurë sou schnell wéi méiglech hei zu Lëtzebuerg ëmzesetzen.

ad 3. Laut dem Rapport vum ILR „Chiffres clés du marché de l'électricité – 2021“ vum 16. Juni 2022 waren am Joer 2021 62 Wandanlagen a Betrib an hunn 314 GWh Strom produzéiert.

Laut Informatiounen vun der SOLER solle bis Enn des Jores op 4 verschidde Sitten nach 7 Wandanlagen un d'Netz goen. Op 3 vun deene 4 Sitte ginn al Anlagen ersat. Am Ganze sollen 13 Wandanlagen ofgebaut ginn. Déi nei Wandanlagen hunn eng méi héich Leeschtung, soudass insgesamt eng 10 MW installéiert Leeschtung, ënnert dem Stréch, dobäikommen. Bis Enn 2023 sinn dann nach eng 10 Wandanlage geplangt. Fir 2024 sinn 8 Projekte mat 23 Wandanlagen a fir 2025 si 6 Projekte mat 17 Wandanlage geplangt. Weider Wandparke vu méi klengen Entwéckler kënnen och nach dobäikommen.

Alles an allem ass d'Potenzial ginn, fir d'Ziler vum nationalen Energie- a Klimaplang ze errechen, dee fir 2030 eng Produktioun vu 674 GWh virgesäit. Dëst Zil gëtt opgrond vum gudden Tempo beim Ausbau schonns 2025 erreicht.

ad 4. Fir den Ament ass e „repowering“ am Buer Bierg (Gemeng Rouspert-Mompch) virgesinn, deen an den nächsten 3 bis 5 Joer soll ofgeschloss ginn. Hei sollen eng oder 2 nei Anlage 4 al Anlagen ersetzen.

Generell kann ee soen, dass mat der Hallschent vun den Anlagen dat Duebelt ka produzéiert ginn. En anere „repowering“ ass zu Derenbach, wou 3 Wandmille vun 2 verschidde Gesellschaften duerch 3 neier an 2 verschidde Projekte sollen ersat ginn. Bei dësen 2 Projekten huet de Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung decidéiert, dass d'Ausschaffe vun engem EIE-Bericht net noutweneg ass, soudass dës Projekten elo direkt an d'Geneemegungsprozedur goe kënten.

## Route nationale N10 entre Reisdorf et Hoesdorf | Question 6526 (22/07/2022) de M. André Bauler (DP)

La route nationale N10 entre Reisdorf et Hoesdorf se trouve depuis des années dans un état de délabrement manifeste. Malgré plusieurs interventions de la part de l'administration communale de Reisdorf auprès du Gouvernement en 2018 et 2020, le projet de redressement de ce tronçon de route ne se concrétise pas. Il est en effet reporté d'année en année. Or, force est de constater que les transports publics et scolaires s'y font de manière de plus en plus difficile au vu des problèmes de sécurité inévitablement liés à cette situation déplorable.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

- 1) Monsieur le Ministre peut-il informer, le cas échéant, si l'Administration des ponts et chaussées est actuellement en train d'élaborer un projet de redressement afin de remédier à cette situation dans les meilleurs délais ?
- 2) Madame la Ministre de l'Environnement peut-elle expliquer dans quelle mesure son administration est concernée par ce projet routier et quelles sont les raisons qui retardent la mise en œuvre de celui-ci ?
- 3) Dans quels délais le projet de redressement en question peut-il être réalisé au plus tard ?

<sup>1</sup> Andreas Behr, Marco Giese, Hervé D. Teguin K., and Katja Theune. Dropping out from higher education in Germany an empirical evaluation of determinants for bachelor students. Open Education Studies, 2(1) :126–148, 2020. doi : doi:10.1515/edu-2020-0104.

<sup>2</sup> <https://ec.europa.eu/eurostat/fr/web/experimental-statistics/>

<sup>3</sup> <https://ec.europa.eu/eurostat/fr/web/experimental-statistics/skills>

**Réponse** (27/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1) Les études pour le redressement de la N10 entre Reisdorf et Hoisdorf ont été finalisées en 2020 et le dossier de soumission pour ce projet a été approuvé en juin 2021.

La demande d'autorisation relative à la loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature a été introduite fin d'année 2020. Depuis, plusieurs échanges entre les parties concernées ont eu lieu afin de trouver des solutions appropriées. L'autorisation au titre de ladite loi a été accordée le 18 août 2022.

ad 3) Étant donné que le redressement de la route nationale N10 entre Reisdorf et Hoisdorf est un projet qui sera réalisé en zone verte et qui impactera celle-ci ainsi que des biotopes protégés et des habitats d'intérêt communautaire, une autorisation du Ministre ayant l'Environnement dans ses attributions était requise.

La complexité du projet en raison de la situation géologique, de l'impact paysager et du risque de glissement de terrain a retardé la réalisation de ce projet.

ad 4) La procédure d'appel d'offres pourra être entamée, ce qui permettrait de débiter le projet, en règle générale, 6 mois plus tard.

.....  
**Contrôle de la vitesse** | Question **6538** (22/07/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

De 15. Juli war an engem Artikel um Site vun RTL ze liesen, datt am Tunnel Markusbierg de Mount iwwer 6.500 Gefierer duerch de Streckeradar geblëtzt ginn. Beim zweete Streckeradar hei am Land, deen op der N11 tëschent Gonnereng an dem Waldhaff, läit dës Zuel bei zirka 400 de Mount.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Accidenter während de Joren 2010 bis 2021 duerchschnëttlech pro Mount am Tunnel Markusbierg registréiert goufen an a wéi vill Fäll et zu Saachschede kount, wéi dacks Leit blesséiert goufen a wéi dacks Leit hiert Liewe verluer hunn? Kann den Här Minister preziséieren, wéi déi Zuelen sech säit dem Enn vun der Testphas vun de Streckeradaren entwéckelt hunn?

2. Kann den Här Minister d'Vergläichszuele presentéieren, wéi déi 6.500 Protokoller am Tunnel Markusbierg an déi 400 op der N11 proportional zum jeeweilege Verkéiersopkomme stinn?

3. Kann den Här Minister énnert dem Respekt vum Dateschutz matdeelen, wéi vill vun deene 6.500 Protokoller am Tunnel Markusbierg op Gefierer entfall sinn, déi net zu Lëtzebuerg immatrikuléiert sinn, a wéi dacks de Protokoll an d'Ausland nogeschéckt gouf?

4. 2016 sinn zu Lëtzebuerg déi éischt fix Radaren a Betrib gaangen. Säitdeem koumen eng Rei Apparaten dobäi, déi nächst Streckeradare si fir d'Tunnelle vun der Nordstrooss geplangt, während um Terrain vun der Gemeng Lëtzebuerg Radaren ausprobiéiert ginn, fir Chauffieren ze erfassen, déi duerch Rout fueren. Bei eisem EU-Partner Spuenie leeft doriwwer eraus eng Testphas fir ergänzend Apparater, déi erfassen, ob d'Leit eréischt kuerz virum Radius vum eigentleche Radar bremsen, respektiv erëm beschleunegen, wa si laanscht sinn. Kann den Här Minister en Iwwerbléck ginn, wéi vill zousätzlech Radaren an den nächste Joren zu Lëtzebuerg geplangt sinn, wéi eng Infarktione vum Code de la route se solle feststellen

an op wéi eng Manéier dës erfassst ginn? Kann den Här Minister an deem Zesummenhang preziséieren, wéi eng Etuden an deene leschte Joren zu Lëtzebuerg zu der Wierksamkeet vun deenen eenzelen Typen vu Radaren erstallt goufen an ob dobäi och dem klas-sesche Konflikt tëschent Fräiheet a Sécherheet Rechnung gedroe gouf? Falls nach keng sou eng Etude virläit, kann den Här Minister da matdeelen, a wéi engem Delai se geplangt wier?

5. Kann den Här Minister matdeelen, wéi déi fix Radaren sech an de Joren 2016 bis 2021 Brutto an Netto op de Staatsbudget ausgewierkt hunn?

**Réponse** (27/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. Bei verkéierstechneschen Analysen ass et sënnavoll, Donnéeën vun deene leschte 5 Joer ze betruechten. Déi vum honorabelen Deputéierte beschriwwen Parametere op dëser Plaz liwwert déi folgend Tabell:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)*).

Fir dat éischt halleft Joer 2022, an deem d'Streckera-daren aktiv geschalt waren (aktiv säit dem 1. Dezember 2021), kann ech déi folgend Zuele matdeelen:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)*).

Dobäi ass ervirzehiewen, datt an den offizielle Statistike vum Statec nëmmen Accidenter opgefouert ginn, bei deene Persounen zu Schued kount sinn. Iwwert déi global Zuel vun Accidenter gëtt keng Statistik gefouert.

ad 2. (*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)*.)

Op 400 Protokoller pro Mount kommen also eng 13,33 Protokoller pro Dag ( $400/30 = 13,33$ ).

Heiräuser ergëtt sech also, datt 0,08 % vun de Gefierern, déi pro Dag op dëser Streck gefuer sinn, ee Protokoll kritt hunn ( $13,33/16.735 \cdot 100 = 0,08$ ).

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)*.)

Wann hei also 6.500 Protokoller pro Mount ausgestellt ginn, wieren dat deemno 216,67 Protokoller pro Dag ( $6.500/30 = 216,67$ ).

Dat bedeit, datt hei eng 0,94 % vun de Gefierern, déi pro Dag op dëser Streck gefuer sinn, ee Protokoll kritt hunn ( $216,67/23.027 \cdot 100 = 0,94$ ).

ad 3. Vun deene 45.489 Constatatiounen vu Januar 2022 bis Juli 2022 (6.500 pro Mount) sinn eng 35.095 Constatatiounen (5.000 pro Mount) vu Gefierern, déi net zu Lëtzebuerg immatrikuléiert sinn. Déi Constatatiounen ginn an déi jeeweileg Länner geschéckt, virausgesat, si sinn am CBE-Eucaris (European Car and Driving Licence Information System) dran.

Dat sinn dann 31.918 Constatatiounen (4.600 pro Mount), déi an d'Ausland verschéckt ginn, an 3.177 Constatatiounen (450 pro Mount) vu Gefierern, déi aus Länner kommen, déi net an dem CBE-Eucaris dra sinn, an déi bis zur Verjörung am CSA dra bleiwen.

ad 4. Aktuell ginn et Iwwerleeungen, fir zousätzlech zu deene bis ewell geplangten dräi Streckeradaren an den Tunnelle vun der Nordstrooss (A7) och nach ee Radar zu Bäreldeng um CR181 ze installéieren (dës Installatiounen sollen eng Infarktione vun der maximal erlaabter Geschwindegkeet feststellen).

Am Ausland befannen sech effektiv eng ganz Rei nei Modeller vu Radaren an der Testphas, an de Ministère a seng Servicer suiveren dës Entwécklungen natierlech. Zum jëtzege Zäitpunkt sinn awer keng aner Modeller vu Radare geplangt, déi aner

Infarktione solle kontrolléieren, wéi déi, déi aktuell do sinn.

2019 gouf am Kader vun der technescher Accidentologuesanalys vum Stroossereseau och eng Ausso zu engem méiglechen theoreteschen Invest an d'Infrastruktur am Sënn vun der Verkéierssécherheet op de Strecke vun de Radare gemaach.

Woubäi festgestallt ginn ass, datt an der Period vun 2012 op 2017 op 7 Strecken d'Eventualitéit vun Accidenter erofgaangen ass, op 9 Strecken déi Eventualitéit niddreg ass an op 3 Strecken se héich bliwwen oder esouguer eropgaangen ass. Bei deenen dräi Strecken handelt et sech ëm d'N28, déi al Éisterstreck, wou 2017 en Automobilist de Radar ëmgefuert hat, d'N5 beim Niderterhaff, wou zwee schwéier Accidenter geschitt waren, an op der N3 beim Schlammestee, wou deemools op där Streck méi Accidenter geschitt waren.

Generell ass awer ze bemerken, datt d'Radaren do, wou se opgericht ginn, zu enger Sensibilisatioun vum Automobilist féieren, sief et duerch d'Kontroll vun der maximal erlaabter Geschwindegkeet (punktuell oder duerch d'Duerchschnëttseschwindegkeet op engem spezifesche Segment) oder duerch Rout-Luuchte-Radaren. Dës Installatiounen ginn natierlech ëmmer am Interessi vun der Verkéierssécherheet opgericht an net, fir een Aschränke vun der Fräiheet ze bewierken. Dëst eleng schon aus dem Grond, datt Radare jo just ee Verstouss zum Code de la route konstatéieren a soss näischt.

ad 5. Déi folgend Zuele representéieren d'Zomm vu Geldbussen, déi vum Enregistrement (AED) op Basis vum Artikel 6 Paragraph (3) drëtten Abschnitt vum modifizéierte Gesetz vom 25. Juli 2015 (CSA) am jeeweilege Joer agezu misst ginn, a folgend als Recette verbucht konnt ginn (dës geschitt nëmmen am Fall vun engem Verweigere vum Bezuelen an no engem bestëmmten am Gesetz fest verankerten Delai). Dat heescht, folgend sinn d'Zuele verbucht, déi net fräiwëlleg un d'groussherzoglech Police bezuelt goufen. Dës Virgoensweis gëtt et réischt säit der Modifikatioun vum uewe genannte Gesetz am Juli 2018, folgend kann ech keng Zuele fir d'Joren 2016 an 2017 liwweren.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)*.)

.....  
**Délinquance juvénile en milieu scolaire** | Question **6539** (25/07/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Den 22. Juli gouf énnert dem Titel „Die Omertà der Opfer“ en Artikel am „Lëtzebuerger Wort“ publizéiert, dee sech mat enger dramatescher Gewalteskalatioun bei jonken, dacks mannerjärege Leit befaasst. Énnert dem zynesche Begrëff „Happy Slapping“ dinn sech Gruppe vu jonke Leit zesummen, déi sech geziilt Affere aussichen, fir dësen opzelaueren, se hemmungslos zesummenzeschloen an dës Doten och nach ze filmen an am Internet ze verëffentlechen. Den Artikel weist weider dorop, datt déi Täter, déi bis ewell vun der Police konntent identifizéiert ginn, dacks nach am schoufflichtegen Alter sinn an op d'mannst eng vun dësen Doten sech an engem ëffentleche Lycée ofgespielt huet. D'Schoul ass e Raum, wou d'Kanner naturgeméis ganz enke Kontakt hunn a sech an deenen allermeeschte Fäll ganz flott Frëndschaften entwéckelen, mee wou sou Täter, wéi se am Artikel beschriwwen ginn, mat der néideger Entschlossenheet och e ganz fruchtbare Buedem fannen, falls net vun Ufank u konsequent intervenéiert gëtt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:



1. Sinn der Regierung déi am Artikel genannte Bande bekannt? Ginn et nach aner änlech Banden?

2. Ass der Regierung bekannt, a wéi enge Lycéeën d'Membere vun deenen am Artikel genannte brutale Banden ageschriwwen sinn? Ass hei eng gewësse regional Konzentratioun festzustellen? Ginn d'Direktiounen vun de Lycéeën doriwwer informéiert?

3. Kann d'Regierung matdeelen, wéi wäit d'Direktiounen vun de Lycéeën, an deenen d'Täter aktuell hirer Schoulpflicht noginn, preventiv iwwert déi entsprechend Identitéiten informéiert goufen, fir datt si am Eeschtfall direkt kënnen agräifen an Affer an Täter souwäit wéi méiglech vuneneen trennen?

4. Kann d'Regierung matdeelen, wéi wäit d'Servicer vum SePAS scho mat deem beschriwwene Gewaltphenomeneen an och mat de genannte Bande befaasst goufen, fir d'Affer am Eeschtfall sou geziilt wéi méiglech kënnen ze betrieien?

5. Wat gëtt alles konkreet gemaach, fir d'Omertà ze duerchbriechen a Schüler, déi bedréit ginn, effektiv ze beschützen, an der Schoul, um Schoulwee an och soss?

**Réponse (27/09/2022) de M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. Déi genannte Gruppéierung ass bekannt, an et bestinn och Kenntniss iwwert aner Gruppéierung vu Jugendlechen, déi awer no dem aktuellen Erkenntnisstand net dat selwecht Gewaltpotential un den Dag leeën.

ad 2. Eng gewësse regional Konzentratioun ass net festzustellen. Wéinst dem Secret de l'instruction ass et net méiglech, d'Direktiounen vun de Lycéeën iwwer lafend Enquêtes a Kenntnis ze setzen. Dëst huet sech allerdéngs an der Vergaangenheet um Terrain net als problematesch erweisen, well d'Direktioun fir hir Aarbecht net iwwer Detailler aus der Enquête musse verfügen. Et ass villméi esou, datt d'Direktiounen dacks um Ursprung vun enger Plainte oder engem Signalement stinn, an iwwer d'Schoulcommunautéit en detailléiert Bild vun der Situatioun tëscht deene Jonken hunn, esoulaang dëst sech och am schouleschen Alltagsnidderschleift.

ad 3. Wéi schonn ugefuert, gëllt den allgemenge Prinzip vum Secret de l'instruction. Dëst bedeit awer net, datt keen Echange tëscht dem Parquet, der Police an der Schoule besteet. Am Fall, wou d'Schoul Kenntnis kritt huet vun engem Gewaltvideo, huet d'Schoul de Parquet doriwwer informéiert an huet bei der Enquête enk mat der Police judiciaire zesumme geschafft. Doriwwer eraus hunn déi Zwëscherfäll disziplinaresch Sanctiounen an der Schoul no sech gezunn. Ebe grad fir Opfer an Täter vuneneen ze trennen, sinn an dese Fäll Renvoie vun der Schoul ausgeschwat ginn.

ad 4. An deem Fall, deen am Mëttelpunkt vun dem ëffentlechen Debat steet, an deen an enger ëffentlecher Schoul war, huet eng Prise en charge vun dem Opfer duerch de SePAS stattfonnt an d'Virfall sinn an der Schoulcommunautéit thematiséiert an opgeschafft ginn.

ad 5. D'Mesuren, déi d'Police an deem Kontext ergräift, si schonn exhaustiv ënnert dem Punkt 4 vun eiser Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 6534 opgezielt ginn. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend schafft aktuell och enger Campagne, fir géint de Phänomeneen vun de Gewaltvideoe virzegoen, e Phänomeneen, deen och am Ausland festgestallt gëtt, a wäert entsprechend Materialien an deem Schouljoer an d'Schoule bréngen.

**Décrochage scolaire** | Question **6566** (28/07/2022) de **Mme Francine Closener** | **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

La crise de la Covid-19 a eu, selon des études établies notamment en Belgique, des retombées directes et indirectes sur l'absentéisme, les retards d'apprentissage et les décrochages dans presque tous les degrés d'enseignement.

Nous aimerions dès lors poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

– Une telle évolution inquiétante a-t-elle aussi été constatée au Luxembourg ? Comment ont évolué les absences injustifiées et les décrochages scolaires les deux dernières années ?

– Quels sont les types d'enseignement les plus touchés ?

– Quels sont les groupes d'âge les plus affectés ?

– Quelles sont, le cas échéant, les mesures envisagées pour faire face à une telle évolution ?

**Réponse (27/09/2022) de M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

La réponse à la question des honorables Députés est divisée en trois parties, la première ayant trait à la question du décrochage scolaire, la deuxième à celle des retards d'apprentissage tandis que la troisième partie esquisse les mesures envisagées pour faire face à l'évolution constatée.

Le décrochage scolaire<sup>4</sup>

Le décrochage scolaire désigne le fait d'abandonner un parcours scolaire avant l'obtention d'un diplôme ou d'une qualification finale.

Un décrocheur est défini comme un élève à plein temps, qui n'est plus soumis à l'obligation scolaire et a moins de 24 ans accomplis à la date de départ, et qui a quitté le système scolaire luxembourgeois sans diplôme ou certification finale (c'est-à-dire sans Certificat de capacité professionnelle – CCP, Diplôme d'aptitude professionnelle – DAP, Diplôme de technicien ou Diplôme de fin d'études secondaires générales/classiques).

De ce fait, ne sont pas considérés comme décrocheurs les élèves ayant quitté le lycée durant la période scolaire, mais s'étant réinscrits dans un autre lycée au cours du même mois de leur désinscription. Certains élèves peuvent avoir décroché de l'école plus d'une fois. Il est donc important de faire la distinction entre le nombre de décrocheurs et le nombre de décrochages. Un décrocheur sera toujours comptabilisé une seule fois malgré le fait qu'il puisse avoir décroché plusieurs fois au cours de son parcours scolaire.

Les données qui suivent sont extraites du rapport Jeunes décrocheurs et jeunes inactifs au Luxembourg 2020/2021 publié par le MENJE. Les données pour l'année 2021-2022 sont encore incomplètes et ne seront disponibles que fin 2022/début 2023.

Évolution des décrochages scolaires les dernières années

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

L'analyse des chiffres absolus des décrocheurs et décrochages montre une augmentation pour l'année scolaire 2020-2021 par rapport aux deux années précédentes. Cette augmentation fait suite à trois années de décroissance du nombre de décrocheurs consécutives.

Taux de décrocheurs et de décrochages

<sup>4</sup> La réponse se limite à la question du décrochage scolaire ; en effet, pour des raisons techniques, la comptabilisation des absences injustifiées au niveau national n'est pas possible.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Le graphique montre que les taux de décrocheurs et de décrochages ont augmenté en 2020-2021 après deux années consécutives de baisse.

L'augmentation des taux de décrocheurs et de décrochages pourrait être une conséquence de deux années scolaires marquées par des conditions d'apprentissage plus difficiles en raison de la pandémie de Covid-19.

Par contre, on peut constater une évolution favorable au niveau de la réinscription d'élèves, c'est-à-dire du taux de décrocheurs qui se réinscrivent après une période d'absence du système scolaire.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

En comparant les pourcentages au niveau de la réinscription, on constate une nette augmentation du nombre d'élèves décrochant en une année donnée et s'inscrivant pour l'année scolaire suivante. Si le nombre d'élèves ayant abandonné l'école en 2020-2021 est plus élevé que l'année précédente, le taux d'élèves qui se sont réinscrits est également plus important. 23,04 % du total d'élèves qui ont abandonné l'école en 2020-2021 se sont réinscrits l'année suivante (2021-2022).

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Si l'on fait abstraction des élèves décrocheurs qui se sont réinscrits l'année scolaire suivante, le nombre de décrocheurs effectifs a été exceptionnellement bas en 2019-2020 et il retrouve un niveau comparable aux années précédentes en 2020-2021.

Types d'enseignement les plus touchés

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Comme les années précédentes, il peut être constaté que les élèves des classes du régime professionnel sanctionné par un DAP ou un CCP décrochent le plus souvent. En 2020-2021, 31,45 % de tous les décrocheurs ont fréquenté une classe du régime professionnel DAP.

Si l'on considère les deux années scolaires de la crise sanitaire conjointement (2019-2020 et 2020-2021), aucune différence importante ne peut être constatée par rapport aux années précédentes.

Parmi les moins de 18 ans en décrochage scolaire, 29,98 % (à savoir 194 personnes) étaient dans une classe du cycle général inférieur en 2020-2021.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Groupes d'âge les plus affectés

Si l'on regarde les chiffres absolus des décrocheurs par catégorie d'âge, on constate que 500 à 600 jeunes de moins de 18 ans décrochent chaque année du système scolaire.

En 2020-2021, 1.736 élèves étaient décrocheurs. Parmi eux, 647 avaient moins de 18 ans, ce qui représente un taux de 37,27 %. La part des moins de 18 ans est restée stable au cours des dernières années, avec une légère baisse en 2019-2020.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Les retards d'apprentissage

Les tests de compétence standardisés, qui sont réalisés annuellement dans les écoles fondamentales et secondaires au Luxembourg dans le cadre des Épreuves standardisées (ÉpStan) visent à mesurer les compétences-clés scolaires des élèves (p. ex. dans les

matières allemand, français et mathématiques). Les derniers tests de novembre 2021 ont permis d'évaluer l'impact de la pandémie de Covid-19 sur notre système éducatif et apportent des réponses à la question d'éventuels retards d'apprentissage dus à la pandémie.

Les résultats de l'étude coordonnée par le Luxembourg Centre for Educational Testing de l'Université du Luxembourg (LUCET) fournissent les observations suivantes<sup>5</sup> :

Résultats des tests ÉpStan dans l'enseignement fondamental

Dans l'ensemble, les scores de compétence au niveau de l'enseignement fondamental sont restés plutôt stables même après deux ans de pandémie. La détérioration des scores de compétence en compréhension de l'oral en allemand observée en 2020, qui s'était manifestée chez les élèves du cycle 3.1 indépendamment du statut socio-économique et des langues parlées à la maison semble à première vue avoir été amortie. Les scores de compétence en compréhension de l'oral en allemand se sont améliorés pour tous les élèves peu importe leur statut socio-économique. Cependant, si l'on considère le groupe linguistique, une image plus nuancée apparaît : Les élèves qui parlent le luxembourgeois et/ou l'allemand à la maison se sont fortement améliorés en compréhension de l'oral en allemand par rapport aux ÉpStan 2020. Par contre, les élèves qui parlent le français ou le portugais à la maison n'ont pas fait ce saut, mais continuent à atteindre le niveau de compétence détérioré observé après la première année de pandémie.

En outre, les résultats des ÉpStan 2021 montrent une légère baisse des compétences de l'écrit en allemand au niveau du cycle 4.1. Cette baisse a été observée pour tous les élèves, indépendamment de leur statut socio-économique et des langues parlées à la maison. Pour les élèves parlant le français à la maison, la baisse est cependant plus prononcée et s'annonce déjà dans les résultats du cycle 3.1.

Résultats des tests ÉpStan dans l'enseignement secondaire

Comme au niveau de l'enseignement fondamental, les scores de compétence des élèves du secondaire – et en particulier pour le type d'enseignement de l'ESC – sont largement stables. Pour les deux autres types d'enseignement (ESG et ESG-VP), une détérioration des compétences en compréhension de l'écrit en allemand a cependant été observée. Au niveau de l'ESC, cette baisse touche principalement les élèves qui parlent le français à la maison. En ce qui concerne les autres types d'enseignement (ESG et ESG-VP), la baisse de compétences s'observe indépendamment du groupe linguistique des élèves.

Conclusions

Alors que les résultats des ÉpStan de l'automne 2020 ont fourni une première base de données empiriques complète sur les six premiers mois de pandémie (du printemps à l'été 2020), les ÉpStan 2021 permettent un aperçu de la manière dont la pandémie de Covid-19 a affecté les compétences scolaires d'élèves de l'enseignement fondamental et secondaire au Luxembourg et dont les élèves et parents ont fait face aux mesures de protection et d'hygiène liées à la pandémie pendant l'année scolaire 2020-2021.

Sur la base des résultats décrits ci-dessus, les principales conclusions suivantes peuvent être tirées :

– Les résultats des ÉpStan 2021 n'identifient pas non plus une tendance négative systématique qui indiquerait une détérioration des compétences en général

chez les élèves de l'enseignement fondamental et secondaire au Luxembourg.

– À première vue, les compétences en compréhension de l'oral en allemand chez les élèves du cycle 3.1 semblent s'être améliorées après les pertes observées pour 2020. Cependant, si l'on considère le groupe linguistique des élèves, une image plus nuancée apparaît : Ceux parlant le luxembourgeois et/ou l'allemand à la maison montrent effectivement des gains importants de compétence, ce qui n'est cependant pas le cas pour les élèves des deux autres groupes linguistiques (français ou portugais). Ces élèves continuent à atteindre le niveau détérioré de compétences observé après la première année de pandémie.

– Les compétences en compréhension de l'écrit en allemand se sont détériorées, tant au niveau de l'enseignement fondamental qu'au secondaire. Au cycle 4.1., cette baisse a été observée pour tous les élèves, indépendamment du statut socio-économique et des langues parlées à la maison. Au niveau du secondaire (5°), les élèves de l'ESG et de l'ESG-VP sont particulièrement touchés par cette baisse.

– La pandémie de Covid-19 semble accentuer les différences déjà existantes entre les élèves favorisés et défavorisés. Ces différences se manifestent à la fois dans les compétences scolaires des élèves et dans leurs perceptions et attitudes (p. ex. en ce qui concerne leur motivation) de la vie scolaire quotidienne.

Mesures envisagées

L'extension de l'obligation scolaire jusqu'à l'âge de 18 ans apportera une modification profonde à la question du décrochage scolaire.

Organisée pour la première fois en 2020, une troisième édition de la Summerschool, dont le concept pourra encore être affiné au cours des années à venir (séjours linguistiques p. ex.) a lieu pendant les deux semaines précédant la rentrée scolaire de septembre. Elle permet à tous les élèves d'assister à des cours de remise à niveau en présentiel ou de travailler individuellement à la maison avec des dossiers qui sont disponibles en ligne sur [www.schouldoheem.lu](http://www.schouldoheem.lu).

Différentes initiatives et offres visant à améliorer les compétences linguistiques des élèves, en particulier la compréhension orale et écrite, sont mises à disposition des élèves et des enseignants par le SCRIPT :

– La campagne #liesenassgesond ([www.liesen.lu](http://www.liesen.lu))  
– L'accès aux portails d'apprentissage de la lecture [www.onilo.de](http://www.onilo.de) et [www.antolin.de](http://www.antolin.de)  
– L'accès à la bibliothèque numérique read-y, mise en place en collaboration avec la Bibliothèque nationale de Luxembourg (<https://soraapp.com/home>)

Le nouveau concept de la « Hausaufgabenhelf » est un dispositif d'aide aux devoirs qui soutient l'enfant dans sa scolarité et favorise sa réussite scolaire tout en épaulant les parents. Chaque SEA (comme chaque assistant parental) crée un cadre qui permettra aux élèves des cycles 2 à 4 de faire leurs devoirs à domicile dans un environnement calme.

**Suspension de la liquidation des indemnités d'entraîneurs assistants, de kinésithérapeutes et de préparateurs physiques impliqués dans les centres de formation** | Question 6577 (29/07/2022) de M. Georges Mischo (CSV)

Wéi een an der Press konnt liesen, gouf den Arrêté vun der Regierung vum 21. Dezember 2001, respektiv e Gesetz vum 21. Juli 2012 zanter Kuerzem anescht interpretéiert, wéi dat déi lescht Joren de Fall war.

Ronn 52.000 Euro un Indemnitéiten, déi Trainer, Kinéen a Préparateurs physiques vun de verschiddene Formationszentere solle kréien, déi mam Sportlycée zesummeschaffen, goufen elo kuerzzeiteg op Äis geluecht. Weider soll de Sportminister awer dofir gesuergt hunn, dass déi Suen, fir déi schonn eng Prestatioun gemaach gouf, direkt deblockéiert misste ginn.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un den Här Sportminister stellen:

1. Firwat koum et rezent zu enger anerer Interpretatioun vun der legaler Basis? Wéi konnt sech dës Interpretatioun op d'Ausbezuale vun de Suen, fir déi schonn eng Prestatioun gemaach gouf, auswirken?

2. War de Minister net an d'Entscheidung aus dem Sportsministère iwwert eng aner Interpretatioun vun de Gesetzestexte ageweit oder firwat huet hien en Deel dovunner direkt réckgängig gemaach?

3. Falls de Sportminister net informéiert war, wéini gouf de Sportminister dann doriwuer informéiert?

4. Sollt de Beamten ouni Wësse vum Minister eegestänneg gehandelt hunn, wat fir Konsequenzen erginn sech doraus?

**Réponse (27/09/2022) de M. Georges Engel, Ministre des Sports**

Virop erlaben ech mer, den honorabelen Deputéierten op meng Äntwert op d'Fro N° 6578 zu deem selwechte Sujet ze verweisen, wou esouwuul d'Prozedur ewéi och den Oflaf vum Ausbezuale vun den Indemnitéite vun de verschiddenen Intervenanten an de Formationszentere vun de Sportsverbänn am Detail beschriwwen ginn. Hei gétt dann och de Rôle an d'Responsabilitéit vun deene verschiddenen Acteuren, ënnert anerem och vum „Ordonnateur“ am Sportsministère a vum Finanzkontroller an der Prozedur erläutert.

A menger Äntwert op d'Fro N° 6578 steet och dran, datt den Arrêté gouvernemental, deen d'Indemnisation vun den Intervenante vun de Formationszentere reegelt, op den 21. Dezember 2001 zeréckgeet, also aus enger Zäit staamt, an där d'Centres de formation nach vun der École nationale de l'éducation physique et des sports (ENEPS) gëréiert gi sinn, a wou et de Sportlycée nach net ginn ass, dee jo duerch d'Gesetz vum 21. Juli 2012 geschafte ginn ass.

Doduerch erkläert sech dann och, datt dësen Arrêté vun 2001 verschiddentlech interpretéiert ka ginn an eigentlech net méi der Zäit ugepasst ass. An deem Moment, wou ech als Minister iwwer d'Netausbezuale vun den Indemnitéiten informéiert gi sinn, hunn ech direkt decidéiert, datt déi geleschte Stonne sollen ordonéiert ginn. No enger Reunioun mat de Vertrieeder vum „Contrôle financier“ vum Finanzministère ass dunn un enger Upassung vum besoten Arrêté vun 2001 geschafft ginn, deen de Regierungsrot dann a senger Sitzung vum 7. September 2022 ugeholl huet.

Zousätzlech wäert dann, gemäss dem Prinzip vum der Rechtssécherheet, kuerzfristeg eng gesetzlech Basis geschafte ginn, fir d'Indemnitéite vun den Intervenanten an de Centres de formation per groussherzoglecht Reglement ze reegelen.

**Suspension de la liquidation des indemnités d'entraîneurs assistants, de kinésithérapeutes et de préparateurs physiques impliqués dans les centres de formation** | Question 6578 (29/07/2022) de M. Claude Lamberty | Mme Carole Hartmann (DP)

Wéi aus engem offizielle Brëf ervirgeet an dono och vun der Press opgeworf gouf, krute Leit, déi an de Centres de formation vun der Lëtzebuerger

<sup>5</sup> [https://www.fr.uni.lu/universite/actualites/diaporama/epstan\\_n\\_identifie\\_pas\\_de\\_deterioration\\_des\\_competences](https://www.fr.uni.lu/universite/actualites/diaporama/epstan_n_identifie_pas_de_deterioration_des_competences)



Sportswelt engagiert sinn, iwwert Méint ewech keng Sue fir hir geleschte Prestatiounen. Dëst well anscheinend eng nei Interpretatioun vun engem Arrêté gouvernemental, dee säit méi wéi 20 Joer aktiv ass, vum Sportsministère gemaach gouf.

An deem Kader wollte mir dem Här Sportsminister folgend Froe stellen:

1. Wéi genee ass d'Prozedur an den Oflaf bis elo gewiescht, fir dass déi Suen, déi an de Centres de formation vum Sportverbänn vum Trainer a Physiotherapeute gelescht ginn, och bei de betroffenen Acteuren ukoumen?

2. Wat war an der Vergaangenheet d'Liesart a wat genee ass elo déi nei Interpretatioun vum Arrêté gouvernemental?

3. Sinn déi Responsabel vum Sportlycée, de Sportverbänn an dem COSL iwwert déi nei Interpretatioun informéiert ginn?

4. Säit wéini gouf déi nei Interpretatioun applizéiert? Wéi vill Leit sinn/ware vun der neier Interpretatioun concernéiert? Si mëttlerweil all Prestatiounen, déi gelescht gi sinn, och ausbezuecht ginn?

5. Wéi ka séchergestallt ginn, dass déi betraffe Leit hir Prestatiounen an Zukunft och sécher bezuecht kréien?

6. Denkt de Minister drun, eng ganz nei gesetzlech Basis fir d'Zukunft ze schafen?

7. Wa jo, wat gëtt envisagéiert? Ginn de COSL an aner Gremien aus der Sportswelt mat abezunn, fir dass méiglechst vill Informatiounen aus der Praxis vun der Sportswelt direkt consultéiert ginn a sech Problemer esou evitéiere loosse?

**Réponse (27/09/2022) de M. Georges Engel, Ministre des Sports**

ad 1. Wat elo d'Prozedur, respektiv den Oflaf vum Bezuecht vum den Indemnitéiten vum de verschiddenen Intervenanten an de Centres de formation ubelaangt, esou kommen iwwer de Sportlycée, deen zoustänneg ass fir d'Koordinatioun vum de federale Centres de formation, Deklaratiounen an de Sportsministère eran, déi monatlech vun den Intervenante selwer ausgefëllt ginn a vun engem Delegéierte vum Verband dann zertifizéiert ginn. D'Direktioun vum Sportlycée zertifizéiert an approvéiert dann déi dozougehéierend Deklaratiounen.

D'Finanzdivisioun vum Sportsministère saiséiert dann déi eenzel Ordres de paiement, fir d'Liquidatioun vum den Indemnitéiten an d'Weeër ze leeden.

No der Ënnerschrëft vum Ordonnateur, dee laut de Bestëmmunge vum Artikel 22 vum ofgeännerte Budgetgesetz vum 8. Juni 1999 d'Kompetenz huet, fir Ausgaben ze engagéieren, liquidéieren an ordonnancéieren, an dëst ënnert senger Verantwortung, an deen och d'gesetzlech Verflechtung fir d'Legalitéit an d'Regularitéit vu sengem Handeln huet, ginn d'Ordres de paiement da weider un de Finanzkontrollen, deem säi Rôle och am Budgetgesetz festgehalen ass, fir Visa a Virement vum entsprechende Betrag op de Kont vum deem jeeweilegen Intervenante, dëst dann iwwer d'Trésorerie de l'État.

Wann et sech bei den Intervenanten ëm Staatsbeamten handelt, dann ass nach eng zousätzlech Etapp erforderlich. Ier dës Indemnitéiten, „cumuls“ genannt, kënne weidergoe bei de Finanzkontrollen fir Visa, muss ofgewart ginn, bis eng Autorisatioun vum Regierungsrat virläit. Dës Autorisatioun ginn am Prinzip eemol am Mount ausgestellt. Dono leeft dann déi selwecht Prozedur bis zu der Iwwerweisung un.

ad 2. Den Arrêté gouvernemental, op dee sech hei bezu gëtt, ass en Arrêté vum 21. Dezember 2001 mat Effet op den 1. Januar 2002, aus enger Zäit, an där d'Centres de formation nach vun der École nationale de l'éducation physique et des sports (ENEPS) gëriert gi sinn, a wou et de Sportlycée nach net gouf, dee bekanntlech duerch d'Gesetz vum 21. Juli 2012 geschaf ginn ass.

Dëst erkläert dann och, dass dësen Arrêté vum 2001 verschiddelech interpretéiert ka ginn an eigentlech net méi der Zäit ugepasst ass.

ad 3. Prinzipiell ass dëst allen Acteuren scho bekannt gewiescht, et gouf och schon u verschidde Piste geschafft, fir dëst ze regulariséieren. Zulescht war dëst och e Sujet an der Sitzung vum 13. Juni 2022 vum Koordinatiounscomité vum Sportlycée, wou Vertreeder vum Sportlycée, Sportsministère, Educatiounsministère a COSL vertruede sinn.

ad 4. Op de 25. Juli 2022 ware 40 Deklaratiounen vu 27 Intervenante fir eng Gesamtzomm vun 39.793,58 € am suspens am Sportsministère. An Tëschenzäit ass dann och d'Autorisatioun vum Regierungsrat do fir déi sougenannte „Cumulsdeklaratiounen“ vun enger Gesamtzomm vu 7.039,65 €, déi dann och wäerten, nom Visa vum Finanzkontrollen, déi nächst Woch kënnen iwwerwise ginn. Dee Moment sinn all Prestatiounen ausbezuecht.

ad 5. Dëst ass an Tëschenzäit séchergestallt, well de Regierungsrat a senger Sëtzung vum 7. September 2022 een ugepassten Arrêté ugeholl huet.

ad 6. Am Sënn vun der Rechtssécherheet wäert kuerzfristeg eng gesetzlech Basis geschaf ginn, fir d'Indemnitéiten vun den Intervenanten an de Centres de formation per groussherzoglecht Reglement ze reegelen.

ad 7. Dëse Schrëtt ass scho gemaach a wäert da beim Ausschaffe vum Reglement weidergefouert ginn.

## Criminalité chez les jeunes | Question 6638 (10/08/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Brochstéckhaft informéiert d'Press iwwer déi virulent Forme vu Jugendkriminalitéit, déi ëmmer méi e brisanten Thema hei am Land ginn. D'Regierung deet sech awer weider schwéier, dem Land ze erklären, wat genee lass ass. A Bezuch op den Artikel „Zwei mutmassliche Anführer von „Dix-sept in Haft“, deen den 9. August am „Wort“ war, stelle sech z. B. dës Froen:

1. Wat ass mat deenen dräi Täter geschitt, déi am Kader vun de Gang-Aktivitéiten an der Stad zwar festgeholl, awer net inhaftéiert gi sinn? Sinn dës nees op fräiem Fouss? Ënnerleie si enger Form vu Kontroll a wat erwaart si an Zukunft?

2. Gëtt et e politeschen Hannergrond bei deene Jugend-Gangen („Antisistema“) hat d'Press schon als ee vun hiren Nimm genannt?

3. Ass et ze vertrieben, dass Jugendliche ënner 16 Joer, déi un esou Verbrieche deelhuele, net oder kaum bestrooft ginn? Wéi eng Strofen a wéi engem Alter wäeren hei sënnavoll?

4. Wat genee weess d'Police iwwer d'Organisatioun an d'Stäerkt vun dësen Gruppen? Wéi vill Gruppe si bekannt, wéi vill Jugendliche sinn an deenen eenzele lokale Banden? Wat ass hire sozialen Hannergrond, hiren Alter, d'Opdeelung no Geschlecht, geographeschen Orign an no Nationalitéit?

5. Wéi kann d'Schoul d'Schüler virun esou Gruppe schützen? Wien iwwerhëlt d'Verantwortung, wa Membere vun esou Banden als Strof d'Schoul musse

wiesselen a wann den Terror an der neier Schoul da virugeet? Wéi wëllt den Här Schoulminister an Zukunft garantéieren, dass esou jonk Krimineller net méi an en normale Schoulbetrib opgeholl ginn, wou si da kënnen aner Kanner a Jonker terroriséieren? Mist d'Schoulgesetz net an deem Sënn geännert ginn?

**Réponse (27/09/2022) de Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

ad 1. an 2. Vu dass et sech bei dësen Fäiten ëm eng lafend Affär handelt, spillt de „secret de l'instruction“. Deemno decidéiert aleng de Ministère public iwwer d'Opportunitéit, fir doriwwer ëffentlech ze kommunizéieren.

ad 3. Et sief bemierkt, dass de Fait, dass dës Jugendliche am Prinzip net vun engem Erwuessenergericht mat enger Strof vum Code pénal kënnen bestrooft ginn, net heescht, dass déi Strofdoten ouni Konsequenz fir déi mannerjäreg Täter bleiwen.

D'Jugendgericht kann an deem Sënn verschidde Mesurë fir e stroffällege Mannerjärege, esouwéi fir de schutzbedürftege Mannerjärege ordonéieren, z. B. Sozialstonnen, eng Assistance éducative oder e Placement, deen an all adäquatem Etablissement, z. B. engem Internat oder enger spezialisierter Institution, mee awer och an der Unisec kann exekutéiert ginn.

D'Situatioun wäert awer mat de Gesetzesprojeten am Kader vun der Reform vum aktuelle Jugendschutzrecht<sup>6</sup> änneren, déi konform zu verschiddenen internationale Kannerrechtsnormen eng Trennung tëschent Jugendschutz- a Jugendstroferecht virgesinn. Esou wäerte sech d'Strofen aus dem Code pénal op stroffälleg Jugendliche, mat verschiddene Limitatiounen ënner anerem um Niveau vun der Dauer vun der Strof applizéieren.

Au vu vun der Gewaltentrennung an der Onofhängegkeet vun der Justiz ënnerläit et net der Exekutiv, zu der Fro vun de konkrete Strofen, déi hei sënnavoll wieren, Stellung ze huelen.

ad 4. Vu dass et sech bei dësen Fäiten ëm eng lafend Affär handelt, spillt de „secret de l'instruction“. Deemno decidéiert aleng de Ministère public iwwer d'Opportunitéit, fir doriwwer ëffentlech ze kommunizéieren.

Doriwwer eraus féiert d'Police keng Statistiken iwwer de sozialen Hannergrond oder d'geographeschen Originen an Nationalitéit vu presuméierte Stroftäter.

ad 5. Mir verweisen den honorabelen Deputéierten op d'Äntwerten op déi parlamentaresch Froen Nr. 6534 an Nr. 6539 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup.

## Plan d'urgence gaz | Question 6640 (10/08/2022) de M. Fred Keup | M. Fernand Kartheiser (ADR)

Mat dem haitegen Akraafttriede vum europäesche Gasnoutfallplang sinn d'EU-Memberstaaten opgefuerdert, hire Gasverbrauch bis Mäerz 2023 ëm 15 % (am Verglach zu de leschte 5 Joer am gläichen Zäitraum) ze reduzéieren. Fir de Fall, dass déi vun der EU fixéiert Ziler net erreicht géife ginn, kann d'EU – mat der Zoustëmmung vun op d'mannst 15 Memberstaaten, déi

<sup>6</sup> Projet de loi n° 7991 portant introduction d'un droit pénal pour mineurs  
Projet de loi n° 7992 relatif aux droits des mineurs victimes et témoins dans le cadre de la procédure pénale  
Projet de loi n° 7994 portant aide, soutien et protection aux mineurs, aux jeunes aux familles

zesummen op d'mannst 65 % vun der EU-Bevëlkerung ausmaachen – weider Moosnamen decidéieren, déi da fir all d'EU-Memberstaate verbindlech wäerte sinn.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un den Här Energieminister:

1. Kann den Här Minister preziséieren, wéi eng energiepolitesch Constrainten op Lëtzebuerg zoukëimen, wann d'EU verbindlech Spuerziler festleeë géif?

2. Besteet an deem Zesummenhank d'Gefor, datt een allgemengen Energiepass zu Lëtzebuerg agefouert gëtt, beziéungsweis d'Reglementatioun am Zesummenhank mam bestoenden Energiepass verschäerft gëtt?

3. Kann den Här Minister erklären, ob et am Fall vun enger verbindlecher EU-Veruerdnung zu enger Rationéierung vu Gas, Bensinn, Diesel, Mazout an aneren Energiequelle fir Firmen a Privatleit kéint kommen? Wéi géif esou eng Rationéierung funktionéieren a kontrolléiert ginn?

4. Ass am Fall vun enger verbindlecher EU-Veruerdnung ugeduecht, fir déi Smartmeters, déi vill Leit elo doheem hunn, zum Zweck vun enger Rationéierung vun Energiekonsum oder der Kontroll vun private Konsumverhalten anzusetzen? Wéi wär dat mam Dateschutz kompatibel?

**Réponse (28/09/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie**

ad 1. bis 4. Lëtzebuerg setzt fir de Moment op fräiwëlleg Mesuren, fir déi 15 % Gasverbrauch an der Referenzperiod vum 1. August 2022 bis den 31. März 2023 (am Verglach zu de Referenzperiode vun de fënnf Jore virdrun) anzuspieren. Sou ass dat och am EU-Reglement 2022/1369 iwwert koordinéiert Moosnamen fir d'Erofsetze vum Gasverbrauch virgesinn.

D'Memberstaate mussen d'Ëmsetzung vun de Reduktionsmoosnamen op hirem Territoire reegelméisseg iwwerwaachen a mussen all zwee Méint der Europäescher Kommissioun d'Reduktioun vun der Demande an hirem Land matdeelen.

Falls déi Europäesch Kommissioun géif feststellen, datt déi fräiwëlleg Mesuren net duer géife goen, fir dat Aspuezil europawäit vu 15 % bis zum 31. März 2023 ze erreechen, géif si dem Europäesche Rot proposéieren, fir eng „europäesch Alerte“ nom Artikel 5 vum virgenannten europäesche Reglement auszerufen. Am Fall vun esou enger „europäescher Alerte“, wieren d'Memberstaate verpflichtet, fir 15 % Gas an der virgenannter Referenzperiod anzuspieren, a si kéinte gegebenefalls och bei sech obligatoresch Moosnamen ergräifen, fir dat Zil ze erreechen, wa si mierken, datt déi fräiwëlleg Mesuren net duer géife goen. Zu Lëtzebuerg géifen esou obligatoresch Moosnamen iwwert e Règlement grand-ducal, deen opgrond vum Artikel 19 vum ëmgeännerte Gesetz vum 1. August 2007 iwwert d'Organisatioun vum Gasmarkt geholl gëtt, festgeluecht ginn.

Am Fall vun enger Kris um Gasmarkt huet Lëtzebuerg, sou wéi all Memberstaat, en Noutfallplang konform zum EU Reglement Nr. 994/2010 opgestallt, dat spéider duerch d'Reglement 2017/1938 iwwert d'Versuergungssécherheet am Gas ersat ginn ass. Déi éischt Versioun ass vun 2012, an déi aktuell Versioun vum Oktober 2020. Dee Plang ass aktuell amgaangen, ugepasst ze ginn, fir der aktueller Situatioun an der eventueller Noutwennegkeet vu méi laangfristegen Enkpäss Rechnung ze droen. Den ugepasste Plang muss bis spéitstens Enn Oktober op Bréissel notifiéiert ginn.

Am Noutfallplang gi méiglech Mesuren, souwuel fräiwëlleger wéi och obligatorescher Natur, opgezielt,

déi jee no Kontext a Gravitéit vun der Situatioun kéinten aktivéiert ginn, fir d'Risiko respektiv den Impakt vun der Kris ze reduzéieren oder esouguer ganz ze evitéieren. Eng vun deene Mesuren ass zum Beispill d'Reduktioun vum Gasverbrauch fir d'Hëtze bei all de Kategorië vu Verbraucher. Dobäi sinn Haushaltsclients europäesch als „clients protégés“ designéiert, an dierfen deemno nëmmen da ganz ofgeschalt ginn, wann all aner Clientsgruppe schonn ofgeschalt goufen. Dëst schléisst awer net aus, datt och Haushaltsclients am Fall vun engem Enkpäss kënnen eng Contributioun leeschten.

Déi national Energiespuercampagne gouf der Effentlechkeet den 8. September virgestallt an ass e wichtege Deel vun deene Mesuren, fir op deen aktuelle Gasenkpäss an Europa ze reagéieren.

Am Fall, wou all déi Aspueermoosnamen net sollten duergoen, fir déi 15 % Reduktioun ze erreechen, oder och am Fall vun enger Kris, wou kuerzfristeg net méi genuch Gas am System wier, fir all Clients ze beliwieren, gesäit den Noutfallplang d'Aktivatioun vun engem Ofschaltplang („plan de délestage“) vir. Heibäi géife Clients no engem festgeluechte Prioritéitprinzip ganz ofgeschalt ginn, ugefaang mat industrielle Clients. Sollte Versuergungsproblemer trotz Ofschaltung vun der Industrie weider bestoen, kéinten och mëttelgrouss a kleng Betriber ofgeschalt ginn.

Wat den Energiepass ugeet, sou sief bemierkt, datt Lëtzebuerg elo scho mat déi héchsten Ufuerderungen (am Verglach zu aneren EU-Memberlänner), wat d'Energieeffizienz vu Wunn- an Zweckgebaier ugeet, ëmgesat huet an et ass net geplangt, dës am Kader vun der aktueller Energiekris nach weider ze verschäerfen, an et gëtt dozou och keng Ufuerderung vun der EU am Zesummenhang mat verbindlechen Energiespuerziler.

Wat d'Asetze vun de Smartmeter, fir eng Reduktioun vu Gasfluxen ëmzesetzen, ugeet, stellt sech dë Fro net, well dëst technesch net méiglech ass. Och eng Kontroll, ob sech d'Leit un déi geplangte Mesuren halen, ass iwwert de Smartmeter technesch net ëmsetzbar.

## ..... Système fiscal | Question 6653 (12/08/2022) de M. Dan Kersch (LSAP)

À l'occasion du débat d'orientation sur la modernisation et les défis du système fiscal luxembourgeois, qui a eu lieu le 14 juillet à la Chambre des Députés, j'avais proposé au nom du LSAP entre autres une modification du tarif de base appliqué aux personnes physiques en matière d'impôt sur le revenu, notamment en ralentissant la progression du barème de 2 à 1 point de pourcentage pour les revenus bas et moyens et en l'accélégrant de 1 à 2 points de pourcentage pour les hauts revenus, tout en augmentant le taux d'imposition maximal avec des tranches supplémentaires en haut de la distribution.

Entre-temps, vous avez fait savoir que les recettes perçues par les administrations fiscales se chiffrent au 30 juin 2022 à un total de 10,3 milliards d'euros, soit une progression de +10,3 % par rapport à l'année précédente. Cette progression trouve son origine notamment dans l'évolution favorable de l'impôt retenu sur les traitements et salaires (RTS) dont les recettes augmentent de 445 millions d'euros respectivement de +18,1 %.

Ainsi, il apparaît clairement que la situation financière de l'État à la fin du premier semestre est plus favorable que l'on aurait pu croire il y a encore quelques mois. À l'aune de cette amélioration des finances publiques, le

débat d'orientation sur la modernisation et les défis du système fiscal luxembourgeois est appelé à se poursuivre.

Dès lors, j'aimerais savoir de Madame la Ministre des Finances :

– Quel est le différentiel dans la charge fiscale supportée par un assujéti célibataire avec le nouveau barème unique proposé par le LSAP par rapport au tarif de base en vigueur pour les revenus bruts annuels suivants (en euros) : 30.000 ; 40.000 ; 50.000 ; 60.000 ; 70.000 ; 80.000 ; 90.000 ; 100.000 ; 110.000 ; 120.000 ; 130.000 ; 140.000 ; 150.000 ; 200.000 ; 300.000 ; 400.000 ; 500.000 ; 750.000 ; 1.000.000 ?

– Quel est l'ordre de grandeur de l'impact financier prévisible du nouveau barème unique du LSAP annexé par rapport au système actuel ?

**Réponse (27/09/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances**

Dans sa question parlementaire, l'honorable Député propose un nouveau barème unique et s'enquiert sur son impact financier prévisible par rapport au système actuel.

Sur base du barème annexé à la question parlementaire, ci-joint un tableau reprenant le différentiel dans la charge fiscale par tranche de revenu brut, en euros et hors impôt de solidarité, supporté par un contribuable célibataire en application dudit barème unique, par rapport au barème actuellement en vigueur :

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).*

L'application dudit barème unique en classe 1 et l'adaptation des classes 1a et 2 sur base de ce barème et selon l'application de la L.I.R., engendre un déchet fiscal d'environ 1 milliard d'euros par an par rapport au barème actuellement en vigueur.

Partant, la mise en œuvre d'une telle réforme creuserait le déficit du budget de l'État, et par conséquent la dette publique, à hauteur de 1 milliard d'euros par an.

*(Annexe à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

## ..... Situation du secteur de la construction | Question 6657 (16/08/2022) de M. André Bauler (DP)

Am der däitscher Baubranche klammen d'Präisser momentan zimmlech stramm – zemol de Präis vum Bëton a vum Stol.

Well eng Rëtsch Opdrag dowéinst stornéiert ginn, ass an dëser Branche eng Rezessioun ze befärchten. Een-zeler schwätze souguer vun enger Vollbremsung fir déi däitsch Baubranche.

Virun deem Hannergrond wollt ech dem Här Wirtschaftsminister folgend Froe stellen:

1. Wéi huet sech d'Lag an der Baubranche zu Lëtzebuerg an de leschte Wochen a Méint entwéckelt?

2. Sinn eng Rei potenziell Opdrag an Tëschenzäit ofgesot ginn?

3. Mat Bléck op déi steigend Energiepräisser am Hierscht a Wanter 2022/2023, wat fir Perspektiven an Erwaardunge ginn de Moment ronderëm d'Baubranche entwéckelt?

**Réponse (27/09/2022) de M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie**

ad 1. Nodeems den Indicateur d'activité vum Bausecteur (cf. Grafik 1) am 1. Trimester 2022 een Héichpunkt



erreecht huet, ass dësen ufanks vum 2. Trimester 2022 gefall a bleift dältlech hannert dem Niveau vu virun der Covid-19 Kris.

*(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

D'Betriber aus dem Bausecteur si bis zum 1. Trimester 2022 relativ gutt aus der Kris vum Covid-19 komm, ënnert anerem bedéngt duerch déi verschidde Regimier vu staatlechen Hëlfe, déi vun der Regierung an d'Liewe geruff goufen. Sou ass den Indicateur d'activité vum 1. Trimester 2021 op dat 1. Trimester 2022 vu -23 op +12 geklommen. Dës Relance ass awer gebremst ginn, ënnert anerem duerch d'Strategie vum Null-Covid a China, déi zu weidere Produktiounsennerbriechunge gefouert huet, an den Ausbruch vum Krich an der Ukrain huet dësen Trend nach verschäerft.

Och wann d'Opdragsbicher an der Baubranche aktuell op engem héijen Niveau vu 7,9 Méint sinn, sou geet de Sektour awer dovun aus, dass dësen Niveau virun allem bedéngt ass duerch d'Retarden, déi an der Pandemiekrise zustane komm sinn, a manner enger positiver konjunktureller Situatioun ze verdanke wier. D'Betriber fäerten deemno, dass d'Opdragsbicher séier wäerte schmëlzen, well eng sëllege Clienten hir Opdräg riskéieren no hanneren ze verleeën oder souguer ganz ze annulléieren, dëst virum Hannergrond vun enger substanzzieller Präisdeierecht an der Perspektiv vu klammenden Zënse.

D'Vertraue vun den Entrepreneuren aus dem Bausecteur hat der Enquête vum Statec no am 1. Trimester 2022 en Héichpunkt erreecht. Dësen Indicateur baséiert op zwou Froen aus dem Statec senger Enquête de conjuncture, engersäits zum Stand vun den Opdragsbicher an anerersäits zum Ausbléck fir den Emploi an den nächsten dräi Méint. Dës zwou Komponenten hunn sech am 2. Trimester verschlechtert an am Juli an August stabiliséiert. Trotz dësem rezente Réckgang vum Vertraue vun de Baufirme bleift dëst nach ëmmer op historesch héijen Niveauen. Dës Tendenzen, déi fir de Bausecteur zu Lëtzebuerg beobacht ginn, si ganz vergläichbar mat deene vun der Eurozon.

D'Präisdeierecht am Bausecteur ass eng Realitéit a spigelt sech souwuel um Niveau vun den Energie-, de Material- an de Personalkäschten zréck. De Krich an der Ukrain an d'Perturbatioun vun de Liwwerketten hunn eng dältlech Präisdeierecht zur Konsequenz, déi fir eng Rei Betriber schwéier ze bewältegen ass. Sou erweist sech d'Opstelle vun engem einfachen Devisemittlerweil als schwierigen Exercice.

*(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

Och wann ee Groussdeel vun de Präisser zanter ufanks vum Krich réckleefeg ass, sou stagnéieren d'Präisser op engem héijen Niveau am Verglach zu de Präisser vu virun der sanitärer Kris. Sou ass de Präis vum Holz am Verglach mat Januar 2020 am Duerchschnitt ëm 93 % an de Präis vum Stolbëton ëm 81 % geklommen.

Dobäi hunn sech d'Energiekäschten no der russescher Aggressioun an der Ukrain drastesch entwéckelt an d'Präisser vum Brennstoff si vu Januar 2020 bis Juli 2022 ëm 92 % geklommen. Mam Gesetz vum 15. Juli huet d'Regierung dofir zwee wichteg Regimier an d'Liewe geruff, fir de Betriber finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen:

– Op där enger Säit gëtt et eng Hëllef, fir deene Betriber ze hëllefen, déi grouss Energieverbraucher sinn. Hei kann de Staat en Deel vun de Méikäschten am Gas an am Elektreschen iwwerhuelen.  
– Donieft gëtt et och ee Regimm, fir verschidde Secteuren, ënnert anerem de Bausecteur, bei der Entwécklung vum Präis vum Diesel ze entlaaschten.

Ënnert dem Stréch kann ee soen, dass d'Méikäschte vu Material, Energie a Personal d'Marge wäerten drécken, an d'Verkafspräisser fréier oder spéider risikéieren ugepasst ze ginn.

ad 2. D'Handwierkerkummer huet vu verschiddene Baufirmen d'Informatioun kritt, dass vereenzelt potenziell Projeten annulléiert goufen. Mat der Präisdeierecht vu Material an Energie zécken d'Privatclienten zum Deel, fir gréisser Bau- oder Renovationsprojeten unzegoen.

Och am ëffentleche Secteur si verschidde Gemengen, déi fäerten, dass hir Budgeten iwwerschrafft ginn, an obwuel et den Ament onméiglech ass, dës Phenomene ze quantifizéieren, sou gëtt et awer e puer Indicateuren, déi undeiten, dass d'Geschäftsklima amgaang ass sech ze verschlechteren.

ad 3. Wann een all dës Elementer a Betruecht zitt, muss een dovun ausgoen, dass d'Aktivitéit am Bausecteur wäert un Dynamik verléieren. Den Impakt duerch de Krich an der Ukrain ass net vun der Hand ze weisen a bréngt eng gewëssen Onsécherheet mat sech.

Laut der Enquête de conjuncture vun der Handwierkerkummer ginn d'Entrepreneuren dofir och dovun aus, dass d'Aktivitéit am 3. Trimester 2022 wäert réckleefeg sinn. D'Baubranche stellt sech deemno op zwee schwierig Joren an, enger ugespaanter Situatioun, där d'Regierung sech och bewosst ass.

Dofir sinn déi verschidde Moossnamen, déi an der Tripartite vum 31. Mäerz 2022 festgehalen goufen, mat Sécherheet ee wichteg Bestanddeel, fir de Betriber eng gewësse Planungssécherheet ze ginn, ënnert anerem duerch déi zwee Hëlfe Regimier, déi mam Gesetz vum 15. Juli 2022 an d'Liewe geruff goufen.

D'Regierung wäert awer och weiderhin hir Responsabilitéiten iwwerhuelen. An der Tripartite vun de kommenden Deeg wäert déi aktuell Situatioun am Detail mat de Sozialpartner analyséiert an no gemeinsamen a konkrete Äntwerte gesicht ginn.

#### **Mobbing dans la fonction publique | Question 6659 (16/08/2022) de M. Sven Clement | M. Marc Goergen (Piraten)**

Op der Websäit vun der ITM gëtt Mobbing esou definiert: Mobbing bezeichnet eine konfliktbehaftete Beziehung am Arbeitsplatz, sowohl zwischen Kollegen, als auch zwischen Vorgesetzten und Untergeordneten. Die Zielperson, das Opfer, wird über einen längeren Zeitraum wiederholt und systematisch angegriffen, mit dem Ziel, sie auszugrenzen (H. Leymann, schwedischer Psychologe). Jemanden daran hindern sich auszudrücken, ihn ausgrenzen, ihn an seinem Arbeitsplatz in Verruf oder Misskredit bringen oder seine Gesundheit gefährden – all das sind Verhaltensweisen, die auf Mobbing schließen lassen.

Ma Mobbing taucht net nëmmen am Privatsektor op, mee kann iwwerall geschéien, wou Mënsche verschiddenster Natur zesummekommen. Dofir existéiert och beim Staat de Service psychosocial (SPS) als Ulafstell, fir de Staatsbeamten an esou Situatiounen ze hëllefen.

An deem Zesummenhang wëlte mir dem Minister fir ëffentlechen Déngscht dës Fro stellen:

1. Wéi vill Persounen hunn de SPS an de leschte 5 Joer weinst Mobbing op der Aarbechtsplaz consultéiert?
2. Wéi oft huet de SPS an de leschte 5 Joer eng Mediatoun tëscht Konfliktparteien duerchgefouert?
3. Kënnen och Beamte vun Établissements publics sech un de SPS wenden a kann de Service onofhängeg

vum Statut (Salaré, Employé d'État, Fonctionnaire) vun de Betreffene genotzt ginn?

4. Wéi eng weider Weeër stinn de Betreffenen op, am Fall wou d'Consultatioun an d'Mediatioun beim SPS keng Resultater bréngen?

5. Wéi vill Plainten an der Fonction publique am Zesummenhang mat Mobbing goufen dem Minister oder anere Regierungsmemberen an de leschte fënnef Joer weidergeleet?

**Réponse (27/09/2022) de M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique**

D'Fro vun den honorabelen Deputéierte sinn e bëssen iwwerraschend, well den honorabelen Deputéierte Clement dës Froen deels schonn a senger parlamentarescher Fro N° 3714 vum 25. Mee 2021 gestallt huet a beäntwert krut. An deem Sënn fügen ech just déi aktualiséiert Chiffere vun 2021 bäi. Derniewent bidden ech déi honorabel Deputéierte Clement a Goergen, och nach meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4330 vum 20. Mee 2021 nozeliesen.

De Service psychosocial vun der Fonction publique (SPS) bitt all Persoun, déi an der Fonction publique schafft, dat heescht beim Staat, den Établissements publics a bei de Gemengen, eng vertraulich a gratis Ënnerstëtzung bei aarbechtsbedéngten oder perséinleche Problemer un.

De Service psychosocial ass an deem Sënn do fir all Persoun – onofhängeg vum Statut oder Entitéit –, déi psychologesch Berodung wënscht, an onofhängeg och vun der Ursach an domat och bei all Form vu Virwërf weinst Harcèlement.

2021 hunn sech 165 Persounen zum Thema Konflikt a 76 Persounen zum Thema Harcèlement un de SPS gewannt. 2022 waren et bis elo 173 Persounen zum Thema Konflikt an 31 explizitt mat enger Demande zum Thema Harcèlement moral.

Op déi Fro betreffend d'Mediatioun tëscht Konfliktparteien ass et schwéier ze äntweren, well de SPS réischt ab 2020 Statistiken dorwäert féiert an och dëst Joer réischt eng ausféierlech Sensibiliséierungscampagne iwwert d'Mediatioun lancéiere wäert. Insgesamt ginn et méi Demandé fir Mediatoun, mee d'Konditiounen sinn net ëmmer erfëllt, fir finalement eng Mediatoun kënnen duerchgefëieren, zum Beispill wann eng Partei net dozou bereet ass.

2020 hunn am Ganze 4 Mediatoune stattfonnt.

2021 hunn am Ganzen 8 Mediatoune stattfonnt.

Dernieft hunn och nach zwou zousätzlech Mediatoune stattfonnt, déi vum Mediatounszentrum fir Zivil- an Handelssaachen (CMCC) duerchgefouert gi sinn – hei besteet eng Konventioun mam SPS.

Am Fall wou eng Consultatioun oder Mediatoun beim SPS keng Resultater bréngt, sief op dëser Plaz nach eng Kéier ënnerstrach, dass de SPS keng juristesche Berodung mécht.

Eng Consultatioun am SPS ass eng individuell psychologesch Consultatioun a fokusséiert op Mesuren, déi et der Persoun erméiglechen, hire Gesondheitszoustand ze erhalen oder ze verbesseren. Eng Interventioun an der Verwaltung ass nëmme méiglech, wann de betreffenen Agent selwer dat wënscht.

An esou engem Fall kontaktéiert de SPS d'Direktioun vun der Verwaltung, déi d'Responsabilitéit huet, fir weider Mesuren ze huelen. De SPS an och FP2025 oder de Service juridique vum Ministère fir d'Fonction publique stinn der Administratioun zur Verfügung, fir si am weidere Prozess ze beroden, wann dat gewünscht ass.

Am Kontext vun Harcèlement kann eng Persoun (mat oder ouni Berodung am SPS) eng Demande de protection maachen, an där si all d'Fakten duerstellt a formell bei der Hierarchie hiert Recht op Protektioun afuerdert. Wann déi Persoun an der Suite vun der Demande keng Verbesserung vun der Situatioun konstatéiert, kann si op der Basis vum Artikel 33 vum Statut hiren Droit de réclamation wouerhuelen a mat der Demande an der Hierarchie weider eropgoen. All Persoun huet ausserdeem zu all Moment d'Recht, eng Plainte bei der Police ze maachen.

Laut de leschten Informatiounen vum SPS huet 2018 1 Persoun eng offiziell Demande de protection gemaach, 2019 hunn 2 Persounen sou eng Demande gemaach, 2020 1 Persoun an 2021 insgesamt 4 Agenten. De SPS kann den Agent iwwer dës Prozedur informéieren, ouni awer kënnen ze ermëttelen oder d'Situatioun ze beurteilen.

De Minister fir d'Fonction publique kann deemno net op d'Fro iwwer d'Zuel vun de Plainten äntweren, well dës net a sengem Aufgabebereich läit.

### Langue luxembourgeoise enseignée à l'École internationale de Differdange | Question 6662 (16/08/2022) de M. Fred Keup (ADR)

An der internationaler Schoul vun Déifferdeng war d'Fach „Lëtzebuergesch“ relevant als Promotiouns-critère vun de Schüler. Zënter 2021 zielt d'Lëtzebuergesch awer net méi fir d'Promotioun, respektiv fir d'Weiderkommen an dat nächst Schouljoer. Dës féiert dozou, dass eng Partie Schüler sech keng Méi ginn am Lëtzebuergesch an dass d'Roll vum Lëtzebuergesch méi onwichtig ginn ass.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Schoulminister:

1. Kann den Här Minister bestätegen, dass d'Fach net méi relevant ass fir d'Promotioun?
2. Ween ass verantwortlech fir dës Entscheedung?
3. Ass am Virfeld vun dëser Entscheedung, respektiv virum Ëmsetze vun dëser Decisioun mat de Lëtzebuergeschproff geschwat ginn, respektiv sinn si dorwäert informéiert ginn?
4. Kann den Här Minister soen, aus wéi enge Grënn Lëtzebuergesch net relevant ass fir d'Promotioun?
5. Kann den Här Minister opzielen, wéi eng Fächer an der internationaler Schoul zu Déifferdeng relevant si fir d'Promotioun, a wéi eng net?

**Réponse** (21/09/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Den honorabelen Deputéierte stellt d'Fro, ob d'Lëtzebuergesch op de Klassen S1, S2 an S3 vum Enseignement secondaire vun den öffentliche agreéierten Europaschoulen e sougenannt Promotiounsfach ass oder net, a supposéiert, et hätt an der internationaler Schoul vun Déifferdeng (EIDE) eng rezent Ännerung an dëser Matière ginn.

Et sief d'fir e Bléck an d'Legislatioun erlaabt, déi sech hei applizéiert.

Déi öffentliche agreéiert Europaschoulen ënnerleien, wat d'Zertifikatioun betrëfft, den europäesche Bestëmmungen, sou wéi et an hire jeeeweilege Gesetzer festgeluecht ass. Als Beispill sief hei den Artikel 4 Paragraph 2 vum Gesetz vun der internationaler Schoul zu Déifferdeng zitéiert (Loi modifiée du 26 février 2016 portant création d'une école internationale publique à Differdange):

« L'organisation des études, les contenus, les modalités de l'enseignement et les certifications de l'enseignement européen de l'École sont soumis à la loi du 23 décembre 1998 portant approbation de la Convention portant statut des écoles européennes, signée à Luxembourg le 21 juin 1994 et des Annexes I et II. »

Dës heescht, datt d'Promotiounscritère déi selwecht si wéi an all deenen aneren Europaschoulen. De Règlement général des écoles européennes (2014-03-D-14-fr-10) zielt a sengem Artikel 61 déi Fächer op, déi op de Klassen S1, S2 an S3 promotiounsrelevant sinn:

« Matières de promotion :

Matières de base

- 1) Langue I
- 2) Mathématiques
- 3) Langue II
- 4) Sciences humaines
- 5) Sciences intégrées
- 6) Langue III

Autres matières

- 1) Art
- 2) Musique
- 3) Éducation physique
- 4) Latin
- 5) Informatique
- 6) ONL (autres langues nationales)

Les cours de religion/morale et les activités complémentaires ne sont pas des matières de promotion. »

D'Lëtzebuergesch zielt net zu den uewe genannten „ONL“; opgrond vun den Dispositiounen, déi aktuell en vigueur sinn, gëlle just Iresch, Maltesesch, Finnesch a Schwedesch als ONL. Am Document politique linguistique des écoles européennes (2019-01-D-35-fr-2) fanne sech follgend Informatiounen zu den ONL:

« ONL – Autre langue nationale (“Other National Language”) L'irlandais et le maltais sont les langues nationales de l'Irlande et de Malte, respectivement, et des langues officielles. Le suédois et le finnois sont les langues nationales de la Finlande. Dans le système des écoles européennes, ces quatre langues sont enseignées à titre d'ONL aux élèves qui en font la demande. L'irlandais et le maltais sont enseignés dans la section anglophone aux ressortissants irlandais et maltais. Le finnois est enseigné aux ressortissants finlandais de la section suédoise, et le suédois leur est enseigné dans la section finnoise. »

Domat dierft kloer sinn, dass d'Lëtzebuergesch net zu den ONL a deemno och net zu de Promotiounsfächer zielt.

Dës gëtt an der internationaler Schoul zu Déifferdeng grad wéi och an deenen aneren agreéierten Europaschoulen esou gehandhaabt. Et gouf och keng rezent Ännerung an der Interpretatioun vun den uewe genannte legalen a reglementareschen Dispositiounen.

### Votes du Luxembourg dans les différents organismes des Nations Unies | Question 6664 (17/08/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Lëtzebuerg hat d'Chance an deene leschten zéng Joer, a verschiddenen UN-Gremie Member ze sinn. Nieft eisen temporäre Memberschaften ass Lëtzebuerg och Deel vun der UN-Volleksversammlung, der UNGA.

An deem Zesammenhang wëllt ech dem Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa dës Froe stellen:

1. Wéi huet Lëtzebuerg säit Ufank des Joers bei Resolutiounen vum UN-Mënscherechtsrot ofgestëmmt

(opgelëscht no Titel vun der Resolutioun a Vott)? Kann de Minister an dëser Lëscht uginn, a wéi enge Fäll de Vott vu Lëtzebuerg duerch eng gemeinsam europäesch Positioun zustane komm ass?

2. Wéi huet Lëtzebuerg säit 2013 bei de Resolutiounen vun der UN-Volleksversammlung ofgestëmmt, wou et ëm spezifesch Länner gaangen ass (opgelëscht no Titel vun der Resolutioun a Vott)? Kann de Minister an dëser Lëscht uginn, a wéi enge Fäll de Vott vu Lëtzebuerg duerch eng gemeinsam europäesch Positioun zustane komm ass?

3. Wéi huet Lëtzebuerg 2013 an 2014 bei de Resolutiounen vum UN-Sécherheitsrot ofgestëmmt (opgelëscht no Titel vun der Resolutioun a Vott)? Kann de Minister an dëser Lëscht uginn, a wéi enge Fäll de Vott vu Lëtzebuerg duerch eng gemeinsam europäesch Positioun zustane komm ass?

4. Wéi huet Lëtzebuerg vun 2019 bis 2021 bei de Resolutiounen vum dem UN-Wirtschafts- a Sozialrot ofgestëmmt, wou et ëm spezifesch Länner gaangen ass? Kann de Minister an dëser Lëscht uginn, a wéi enge Fäll de Vott vu Lëtzebuerg duerch eng gemeinsam europäesch Positioun zustane komm ass?

5. Wéi oft goufen an dëse Gremie Resolutiounen iwwer Lëtzebuerg zur Ofstëmmung bruecht?

**Réponse** (15/09/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

All Joer huelen déi verschidden UNO-Gremie – UNO-Vollversammlung, Mënscherechtsrot, Sécherheitsrot, ECOSOC etc. – gemeinsam Honnerte vu Resolutiounen un. E groussen Deel vun deene Resolutiounen gi per Konsens ugeholl, wat heescht, datt et net zu engem Vott kënnt.

Op den UNO-Sitten <https://research.un.org/en/> an <https://digitallibrary.un.org/?ln=en> fënnt een all Informatiounen, wat déi verschidden Resolutiounen betrëfft, opgelëscht no Organ, Sëtzung, Titel a Referenz. Ausserdeem ginn do all Votte vun alle Länner opgelëscht, och déi vun Lëtzebuerg. Deemno sinn all d'Informatiounen effentlech zougänglech.

Wat d'Votten am Mënscherechtsrot dës Joer ugeet (49. a 50. Sessioun), gouf iwwer 22 Resolutiounen ofgestëmmt. An dräi Fäll gouf et keng gemeinsam EU-Positioun.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

An där aktueller 76. Sessioun vun der UNO-Vollversammlung gouf d'Unitéit vun den Votte vun alle 27 EU Memberstaate gesécher, mat der Ausnam vun de jeeeweilege Resolutiounen zu den Theeme Recht op Entwécklung (A/RES/76/163), Rassismus (A/RES/76/226), UNHCR (A/RES/76/143), Spezialkomitee fir israelesch Praktiken ze ënnersichen, déi d'Mënscherechter vum palestinesesche Vollek beaflossen (A/C.4/76/L.7), israelesch Siidlungen am besate palestineseschen Territoire (A/C.4/76/L.9), Jerusalem (A/76/L.16), a friddlech Schlichtung vun der Fro vu Palestina (A/76/L.14).

Am Beräich vun der Ofrëschtung gouf et zousätzlech 16 Resolutiounen, op deenen et keng Unitéit beim Vott vun den EU Memberstaate gouf. (A/C.1/76/L.2, A/C.1/76/L.4, A/C.1/76/L.11, A/C.1/76/L.14, A/C.1/76/L.17, A/C.1/76/L.23, A/C.1/76/L.34/Rev.1, A/C.1/76/L.39, A/C.1/76/L.42, A/C.1/76/L.44, A/C.1/76/L.58, A/C.1/76/L.59, A/C.1/76/L.50, A/C.1/76/L.53, A/C.1/76/L.41, A/C.1/76/L.22)

An de Joren 2013–2014 huet de Sécherheitsrot 163 Resolutiounen a Decisiounen (sougenannt „Presidential Statements“, PRST ofgekierzt) ugeholl. Lëtzebuerg huet all dës Resolutiounen matgestëmmt. Presidential Statements ginn an der Reegel per Konsens



ugeholl. Am Sécherheetsrot gëtt et keng gemeinsam europäesch Positioun, well net all EU Memberstaat vertrueden ass. D'Resolutiounen an d'Presidential Statements, mat hirer Referenznummer an Titel, si chronologesch um UNO-Site ëffentlech zougänglech ënnert der Adress <https://www.un.org/securitycouncil/content/security-council-documents>.

Besonnenesch ervirhiewe sollt een d'Resolutiounen 2139 (2014) an 2165 (2014), déi vu Lëtzebuerg, Australien a Jordanien abruucht goufen. Dës zwou Resolutiounen iwwert den humanitären Accès a Syrien goufen unanime vum Sécherheetsrot adoptéiert.

De Projet (S/2014/189), fir eng Resolutioun zum geplangte Referendum op der Krim ze adoptéieren, ass u Russland sengem Veto gescheitert. Eng weider Resolutioun, déi Israel an d'palestinensesch Behörden opgefuerdert hätt, zu enger negociéierter Léisung am Konflikt ze kommen, konnt net déi néideg Stëmme kréien. Lëtzebuerg huet mat siwen anere Länner dofir, d'USA an Australien dergéint gestëmmt. Déi aner fënnef Membere vum Sécherheetsrot hunn sech enthalen.

D'Resolutioun 2143 (2014) gouf vu Lëtzebuerg, als President vun der Aarbechtsgrupp „Kanner a bewaffnete Konflikter“, ausgeschafft a verhandelt. Si gouf unanime de 7. März 2014 ugehall.

Et gëtt keng UNO-Resolutioun iwwert Lëtzebuerg.

#### Bornes d'appel d'urgence | Question 6665 (17/08/2022) de M. Claude Lamberty | M. Max Hahn (DP)

Am Summer profitéiere vill Leit, fir am noen oder méi wäiten Ausland Vakanz ze maachen. Niewent Zuch a Fliger bleift den Auto e beléift Transportmëttel, fir op déi jeeweileg Destinatiounen ze reesen. D'Sécherheet vun de Chauffeuren op de Stroosse bleift domat eng Prioritéit.

Laut dem leschten Update um Site vun den Travaux publics goufen et 2015 eng ronn 150 Nouttelefonen op de Lëtzebuerger Autobunnen. Dës sinn an den 80er Joren agefouert a säit 2015 duerch nei Modeller an e méi moderne System ersat ginn.

An Däitschland sinn d'Uriff, déi vun dëse Bornen aus gemaach ginn, iwwert déi lescht Jore frappant erofgaangen. Dëst kéim ënnert anerem dohier, well nei Autoen zanter 2018 obligatoresch mat engem E-Call-System mussen ekipéiert sinn. A Frankräich géifen d'Nouttelefonen och lues a lues verschwannen, an defekt Apparater géifen net méi ersat ginn. Och an der Belsch hätt ee festgestallt, dass d'Uriff vun dësen Telefonen ëmmer manner ginn. An der Wallonie wier fir 2021 esouguer decidéiert ginn, déi sougenannte „bornes d'appel d'urgence“ ganz ofzeschaffen. Allgemeng schéngt et, als géifen d'Nouttelefonen ëmmer méi duerch Handy-Applikatiounen wéi „SOS Autoroutes“ oder „Edwige“ ersat ginn.

An deem Kader wollt mir der Madamm Inneministesch an dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Nouttelefone ginn et aktuell op de Lëtzebuerger Stroossen?
2. A wat fir enger Frequenz ginn dës Borne kontrolléiert?
3. Wat waren d'Käschte vum Ënnerhalt pro Joer säit der Aféierung vun den neie Modeller 2015?
4. Wéi vill Appeller sinn iwwer déi lescht 15 Joer pro Joer iwwer dës Nouttelefone getäteg ginn?
5. Wat waren an dëse Fäll d'Hauptgrënn, firwat ugeruff ginn ass?

6. Ginn et Pläng zu Lëtzebuerg, de Reseau vun dëse Borne weider auszebauen oder ze moderniséieren?

**Réponse (28/09/2022) de M. François Bausch,** Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **Mme Taina Bofferding,** Ministre de l'Intérieur

ad 1. Aktuell ginn et 245 Nouttelefonen um Lëtzebuerger Autobunnsresau.

ad 2. Eemol pro Joer gëtt en Entretien op den 245 Borne gemaach. Wann an der Zäit tëscht den Entretenen eng Borne e Problem huet, gëtt dat automatesch beim CITA gemellt an de Problem am Uschloss behewen.

ad 3. D'Käschte fir den Entretien vun den 245 Borne belaf sech op ronn 10.000 Euro pro Joer. Ze bemierken ass, datt d'Borne mat Solarzellen equipéiert sinn an deemtespriedend autark funktionéieren, also keen zousätzlechen Uschloss un de Stroumresau erfuerderlech ass.

ad 4. a 5. De CGDIS verfüügt eréischt säit der Aféierung vum Einsatzleitsystem („ELS“) 2016 iwwer Donnéeën vun den Appeller, déi iwwert d'Nouttelefonen op den 112 erakommen. Virun 2016 sinn dës Appeller iwwer e Programm vum CITA transitéiert, soudatt déi gewünschte Statistik aus dëse Joren net virläit.

Säit 2016 sinn 1.382 Appeller enregistriert ginn:

- 2016: 150
- 2017: 169
- 2018: 217
- 2019: 223
- 2020: 209
- 2021: 224
- 2022: 190 (bis de 7. September)

Et stellt ee fest, datt dës Appeller, déi zum Beispill 2021 ronn 0,6 % vun allen Nourriff ausgemaach hunn, iwwert déi lescht fënnef Joer konstant bliwwen sinn. Déi grouss Majoritéit vun den Uriff op den 112, déi vun enger Borne aus gemaach gi sinn, ware Meldungen vun enger Pann. Am Joer 2021 goufen zum Beispill 6 Accidenter, 3 Bränn an 2 medezinnesch Urgenzen iwwer eng Borne gemellt. 213 mol gouf eng Pann gemellt, oder et huet sech ëm en Test oder en techneschen Defekt gehandelt. D'Pannmeldung leet den 112 un de CITA weider.

ad 6. D'Borne sinn um leschte Stand vun der Technik a brauchen net moderniséiert ze ginn.

De Reseau vun de Borne gëtt am Kader vun Neibauprojeten op den Autobunnen, wéi zum Beispill beim Projet „Liaison Micheville–Contournement de Raemeric“, ausgebaut. Op dësem Segment sinn zum Beispill 4 nei Borne geplangt.

#### Trans-Atlantic Data Privacy Framework | Question 6666 (17/08/2022) de M. Laurent Mosar (CSV)

Dans un article de presse publié dans le Handelsblatt, „Was ist beim Datenschutz noch erlaubt? Erste Entscheidungen schaffen neue Hürden“, il est question de la grande insécurité juridique à laquelle doivent faire face les entreprises en matière de traitement des données entre l'Europe et les États-Unis. Je rappelle qu'en juillet 2020, un arrêt de la Cour de justice de l'Union européenne concernant le dénommé « Privacy Shield » invalidait le régime de transfert de données entre l'Union européenne et les États-Unis, le jugeant non conforme au Règlement général sur la protection des données (RGPD).

En mars 2022, l'Union européenne et les États-Unis sont parvenus à un accord de principe sur un nouveau cadre pour le transfert de données transatlantique, le « Trans-Atlantic Data Privacy Framework », dont les détails ne sont pas connus pour le moment.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Communications et des Médias :

1) Est-ce que le Gouvernement a plus d'informations sur le « Trans-Atlantic Data Privacy Framework », notamment au niveau de son contenu et du délai prévu pour l'adoption de l'accord ? Quelle est son appréciation de la situation ?

2) De quelle manière le Gouvernement s'implique-t-il dans les discussions entre l'Union européenne et les États-Unis concernant ce nouvel accord de principe ?

**Réponse (07/09/2022) de M. Xavier Bettel,** Ministre des Communications et des Médias

ad 1) À ce jour, les réformes en matière de protection de la vie privée, annoncées le 25 mars 2022 par les États-Unis dans le cadre du « Trans-Atlantic Data Privacy Framework », n'ont pas encore été finalisées par ces derniers. La communication de ces changements est attendue avant de pouvoir procéder à leur évaluation.

ad 2) Une fois que les réformes au niveau de la législation américaine seront mises en place, elles seront évaluées par la Commission européenne ainsi que par un comité, établi sur base de l'article 93, paragraphe 2, du Règlement général sur la protection des données<sup>7</sup> (« RGPD »), dans lequel le Luxembourg est représenté au même titre que les autres États membres.

Pour plus de détails, l'honorable Député est prié de bien vouloir se référer aux éléments de réponse à la question parlementaire n° 6102 qui apportent les éclairages demandés dans la présente question parlementaire.

#### Tournées du « Impfbus » dans le nord du pays | Question 6667 (17/08/2022) de M. André Bauler (DP)

Mir ass vu besuergte Leit bericht ginn, datt den Impfbus, deen de leschte Freideg, 12. August, zu Ettelbréck op der Place Marie-Thérèse tëscht 12.00 an 18.00 Auer d'Leit empfangen huet, ënner anere, fir den zweete Booster ze ginn, d'Patton-Stad huet missen Hals iwwer Kapp a Richtung Lëtzebuerg verlossen, fir op den Ausfall vun engem anere Bus am Zentrum ze reagéieren. Leider stoungen awer zu deem Abléck ronn dräi Dose Biergerinnen a Bierger an der Rei ze waarden an hu missen op eemol heemgoen.

Aus deem Grond wollt ech d'Madamm Gesondheetsministesch folgendes Froen:

– Wéi ass den Impfbusdéngscht de Moment landeswäit organiséiert?

– Firwat huet den Impfbus d'Stad Ettelbréck stante pede misse verlossen? Wéi sinn déi betraffe Leit duerno en charge geholl ginn? Wat gouf hinne geroen?

– Stëmmt et, datt den Impfbus an noer Zukunft nach just bis op Miersch a wierklech net méi an de Bezierk Norde gefuer soll kommen? Wann deem sou sollt sinn, wier d'Madamm Minister da bereet, fir an der Verwaltung ze intervenéieren, fir datt dat geännert gëtt?

**Réponse (15/09/2022) de Mme Paulette Lenert,** Ministre de la Santé

Säit Ufank August gëtt et zwee Impfbussen, déi deeglech Tournéeën maachen, woubäi probéiert gëtt, déi verschidde Landesdeeler ofzedecken.

Den 12. August sollt e Bus op Ettelbréck fueren an den zweete Bus war virgesinn an der Stad op der

<sup>7</sup> Règlement (UE) 2016/679 du Parlement européen et du Conseil du 27 avril 2016 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données, et abrogeant la directive 95/46/CE

Gare. Et koom awer zu enger mechanischer Pann beim Impfbus, deem initial op Ettelbréck sollt fueren. Nodeem d'Busfirma d'Direktioun vun der Santé iwwert dës Pann informéiert hat, a matgedeelt huet, dass kee Reservibus zur Verfügung stoung, gouf decidéiert, d'Missioun zu Ettelbréck kuerzfristeg ze annulléieren an nëmmen op der Gare ze impfen.

D'Equipe vum Impfpersonal ass du mat dem Material an de Vaccinen op d'Gare gaangen, awer, duerch ee mënschleche Feeler bei der Busfirma, ass den eenzegen Impfbus awer op Ettelbréck gefuer. De Bus ass zu Ettelbréck ukomm, ouni Vaccinen, Material a Personal, an dofir konnten do keng Impfungen gemaach ginn, an de Bus huet missen zrëck an d'Stad fueren.

Dës punktuell Problem war also bedéngt duerch eng mechanesch Pann an e mënschleche Feeler bei der Busfirma. No Récksprouch mat der Firma gouf nach emol kloergestallt, dass ëmmer e Reservibus muss disponibel sinn, wéi dat och initial am Cahier des charges virgese war.

Et ass net korrekt, dass den Impfbus an Zukunft nëmme bis op Miersch fuere wäert. Zum Beispill ass erëm den 2. September e Passage zu Ettelbréck virgese sinn. Aner Passagen am Norde si virgese sinn am Pomerlach an zu Veianen.

#### Coopération avec le Nicaragua | Question 6669 (18/08/2022) de M. Fred Keup (ADR)

An hirer Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nr. 4312 vum 19. Mee 2021 iwwer d'Mënschrechtssituatioun an Nicaragua an déi bilateral Kooperatioun tëscht Managua a Lëtzebuerg schreiwen d'Häre Minister: „Als Reaktioun zu der politescher Kris, déi am Abrëll 2018 ugefaangen huet, huet Lëtzebuerg deemools entscheet, den neien Indikative Kooperationsprogramm (PIC IV) mam Nicaragua net ze ënnerschréien. Zousätzlech sinn direkt Ausbezuellungen un d'nicaraguanesch Regierung ënnerbrach ginn. D'Lëtzebuurger Kooperatioun huet decidéiert, dass déi bilateral Kooperatioun mat der Regierung gestoppt gëtt, bis et eng bedeitend Verbesserung vun der Mënschrechtssituatioun a Fortschritter am Hëllef op eng friddlech politesch Transitioun gëtt.“

No de Walen an Nicaragua (November 2021), déi net deenen internationalen Demokratienormen entsprach hunn, huet den Här Entwécklungsminister an der Chamber matgedeelt, dass Lëtzebuerg seng Ambassade zu Managua zougemaach hätt, mee dass eist Land weiderhin, iwwer de Wee vun NGOen, der Zivilbevölkerung an Nicaragua géif ënner d'Äerm gräifen, besonnesch um Niveau vun der Ernierungshëllef an der Educatioun.

Parallel zu de Repressiounen vun der nicaraguanescher Regierung géint Medien a géint Oppositionspolitiker huet sech awer och d'Situatioun vun der Chrëscht, a ganz besonnesch vun der kathoulescher Kierch, an Nicaragua verschlechtert. Um Site vun „Kirche in Not“ liest een: „Seit 2018 hat die katholische Kirche in Nicaragua rund 200 gewaltsame Übergriffe erlitten. [...] Die religionsfeindlichen Handlungen umfassen Brandstiftungen und Plünderungen von Kirchen, darunter einen Brandanschlag auf die Kathedrale der Hauptstadt Managua Ende Juli 2020, sowie Repressalien gegen Geistliche unter dem Regime von Nicaraguas Präsident Daniel Ortega.“ (Quell: <https://www.kirche-in-not.de/allgemein/aktuelles/nicaragua-steht-an-der-spitze-religioeser-verfolgung-in-lateinamerika/>)

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Baussen- an Europaminister an un den Här Minister

fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten:

1. Wéi beurteilt d'Regierung am Ablack den Zoustand vun der Demokratie a vum Rechtsstaat an Nicaragua, besonnesch och am Hëllef op déi fräi Reliounsäusübung?

2. Huet sech d'Positioun vun der Lëtzebuurger Regierung géintwärt dem aktuelle Regime säit de Walen (November 2021) geännert? Wa jo, awéiwäit?

3. Ënner wéi enge Bedéngunge wier Lëtzebuerg bereet, déi bilateral Kooperatioun mat der Regierung zu Managua erëm opzehuelen? Gehéiert zu deene Bedéngungen och eng Verbesserung vun der Situatioun vun der kathoulescher Kierch a vun der Chrëscht an Nicaragua?

**Réponse (15/09/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire**

ad 1. D'Mënschrechtssituatioun an Nicaragua bleift weiderhin alarmant an degradéiert sech och no de Wale vun November 2021 weider. D'politesch Opposanten, déi am Kader vun der pre-elektoraler Phas festgeholl goufen, si weiderhin am Prisong ënner Konditiounen, déi net en ligne si mat den internationalen Standarden, deenen Nicaragua ënnerläit. D'UN-Mënschrechtskommissärin huet nach am Juni 2022 dorops opmierksam gemaach, dass d'Zivilgesellschaft an engem gesetzleche Kader schafft, deen ëmmer méi restriktiv ass an et hinnen net méi erlaabt, hir Aarbecht korrekt ze maachen. Och d'Universitëten an aner Gruppen, déi net onbedéngt am Interêt vun der Regierung schaffen, ginn ageschränkt, dorënner och d'Kierch. D'international Communautéit rëfft Nicaragua weider op, senge Mënschrechtsobligatiounen gerecht ze ginn an den Accès vun internationalen Observateuren an d'Land ze erlaben, fir d'Situatioun um Terrain besser ze evaluéieren.

ad 2. D'Wale vum 7. November 2021 si vun der internationaler Communautéit als net demokratesch agestuut ginn an hir Resultater ginn deemno vun der Lëtzebuurger Regierung net unerkannt. Dës huet d'EU an enger Deklaratioun am Numm vun alle Memberstaaten, a soumat och Lëtzebuerg, den 8. November confirméiert. Duerch d'Erosioun vun der Rechtsstaatlechkeet an d'Degradatioun vun der Mënschrechtssituatioun huet d'Regierung decidéiert, nom 1. Februar 2022 d'Bureaue vun der Ambassade zougemaachen a keen Agent de la coopération méi op Managua ze schécken. D'Lëtzebuurger Regierung suivéiert allerdéngs weiderhin d'Situatioun an der Regioun a plädéiert fir eng um Dialog baséierend Solutioun zu der aktueller Kris.

ad 3. D'Regierung suivéiert d'Entwécklung vun der politescher Situatioun an Nicaragua am Detail, zesumme mat eisen europäesche Partner an den internationalen Organisatiounen. Am Moment gesi mer, dass d'Situatioun vun der Mënschrechter an dem Rechtsstaat sech ëmmer weider verschlechtert.

D'Lëtzebuurger Kooperatioun ënnerstëtzt d'Recommandatiounen vun der internationaler Gemeinschaft un déi nicaraguanesch Regierung am Domän vun der Mënschrechter an dem Rechtsstaat, souwéi och d'Fuerderung, den Dialog mat den internationale Mënschrechtsorganisatiounen nees opzehuelen. Dozou gehéieren eng ganz Rei vun Elementer. Am Fall wou déi nicaraguanesch Regierung sech dozou engagéiert, wäert och d'Lëtzebuurger Kooperatioun hir Positioun nei evaluéieren.

#### Aides suite aux inondations du mois de juillet 2021 | Question 6670 (18/08/2022) de M. Fred Keup | M. Jeff Engelen (ADR)

Wéi an engem Artikel vu „Luxembourg Times“ nozelesen ass („Government aid for Luxembourg floods slow in coming“, LT vum 16.08.2022), kruten déi 36 Gemengen, déi no den Iwwerschwemmungen vum 14. a 15. Juli 2021 finanziell Entschiedegunge beim Staat ugefrot haten, bis elo (Stand: 03.08.2022) just ronn 370.000 Euro ausbezuelt. Dat entsprécht manner wéi 2 % vun deem Betrag, dee si zegutt hunn (23 Mio. Euro).

Wat déi 634 privat Stéit ugeet, déi finanziell Entschiedegunge beim Staat ugefrot haten, sinn der bis Mëtt Mäerz 2022 ongeféier d'Hallschent dedommagéiert ginn, wéi de Ministère am Abrëll matgedeelt hat.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Madamm Banneminister:

1. Aus wéi enge Grënn goufe bis elo just 370.000 Euro un d'Gemengen ausbezuelt? Kann d'Regierung preziséieren, bis wéini d'Gesamtzomm un d'Gemengen ausbezuelt wäert sinn?

2. Wéi vill privat Stéit krute säit Mëtt Mäerz 2022 hir Entschiedegungen ausbezuelt? Wéi héich ass d'Zomm, déi der Regierung u privat Stéit nach ausbezuelt bleift?

**Réponse (13/09/2022) de Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur | Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration**

Fir d'Äntwert op déi éischt Fro verweise mer d'Deputéiert op d'Äntwert vun der Inneministesch op d'parlamentaresch Fro N° 6492 vun der honorabler Deputéiert Carole Hartmann zum Sujet „Inondations de 2021“.

672 privat Menagen hunn eng Demande fir eng finanziell Ënnerstëtzung am Kader vun den Iwwerschwemmungen vum 14. a 15. Juli 2021 beim Familljeministère agereicht. Op den 23. August 2022 goufe 635 Demanden ofgeschloss.

Op de 15. Mäerz ware 499 Dossieren ofgeschloss, esou dass säit Mëtt Mäerz weider 136 Dossiere konnten traitéiert ginn.

De Familljeministère huet am Ganzen Hëllef fir ee Montant vu 7.557.271 € u Privatleit bezuelt. Den nach ausstoeende Betrag fir Privatleit kann de Familljeministère net chiffriieren, well an de 37 Dossieren, déi nach net ofgeschloss sinn, déi néideg Dokumenter feelen, fir den Dossier ze komplettéieren (Äntwert vun der Assurance, Preuve vun de Revenuen oder – am Fall vu Residenzen – eng Opdeelung vun de Käschen).

#### Blocage des visas des touristes russes | Question 6671 (18/08/2022) de M. Roy Reding (ADR)

Verschidden EU-Memberstaaten hu wéinst dem Krich an der Ukrain eng Visablockad fir russesch Touristen an d'Spill bruecht. Estland, Lettland, Finnland an déi Tschechesch Republik hunn hir Areesbestëmmungen fir russesch Touriste verschäerft an zum Deel begrenzt Visasperren agefouert oder ugekënnegt.

Elo schonns ass et fir russesch Staatsbürger méi schwéier, an d'EU anzereisen, well de Fluchverkéier tëscht der EU an der Russescher Federatioun agestellt ass. Op engem informellen Treff vum den EU-Bauseministern, sou heescht et, soll nach am August iwwer weider Moossnamen diskutéiert ginn, wéi beispillsweis, dass russesch Touriste bei hirer Arees eng Erklärung ënnerschréien mussen, an där si de russeschen Ugrëffskrich an der Ukrain verurteelen.



Aner Stëmme fuerderen eng Tax fir russesch Touristen, déi nom Krich fir den Neesopbau vun der Ukrain genotzt soll ginn. Den ukrainesche President ënnerstëtzt d'Fuerderung no enger Visaophiewung fir russesch Touristen.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Har Tourismusminister:

1. Wéi positionéiert sech déi Lëtzebuerger Regierung zu Fuerderungen, russeschen Touriste keng Visa méi auszustellen, bezéiungsweis hir Arees an d'EU vun diverse Konditiounen ofhängeg ze maachen?

2. Kann den Har Minister preziséieren, ob déi Lëtzebuerger Regierung vun ukraineschen Organisatiounen bezéiungsweis ukraineschen Autoritéite gebiede gouf, sech fir esou Moosnamen op europäeschem Niveau anzusetzen?

**Réponse** (19/09/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. Ech hat d'Geleeënheet, op der Gymnich vum 30. bis 31. August zu Prag eis Positioun kloer duerzestellen. Mir mengen, dat et wichteg ass, ee Regimm ze sanktionéieren, an net déi normal Bierger. Dofir ware mir och net dofir, datt gewéinlech russesch Bierger sollte penaliséiert ginn, andeems mir hinnen d'Arees an de Schengen-Raum géife verbidden. D'Ophiewung vum Visa-Facilitatiouns-Ofkommen, déi decidéiert gouf, bedeit net, datt keng russesch Bierger méi kënnen areesen. Et ass eebe just, datt vun elo un d'Visae fir russesch Bierger ënnert dem normale Regimm, dem sougenannte Code des visas, ausgestellt ginn.

ad 2. Et ass keng Demande vun ukraineschen Organisatiounen bezéiungsweis ukraineschen Autoritéite do, fir russeschen Touriste keng Visae méi auszustellen, bezéiungsweis hir Arees an d'EU vun diverse Konditiounen ofhängeg ze maachen.

**Soldats luxembourgeois au Mali** | Question 6673 (18/08/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

D'Situatioun am Mali gëtt séier ëmmer méi oniwwersichtlech an ëmmer méi ugespaant. Däitschland huet elo decidéiert, seng militäreschen UN-Operatiounen zum gréissten Deel unzehalen. Frankräich huet säi Réckzuch ofgeschloss. D'Militärjunta schéngt d'UN-Presenz géint d'Djihadiste wëllen ze behënneren. Esou sinn och MINUSMA-Zaldote vun der Elfenbeinküst als Söldner inhaftéiert ginn. Lëtzebuerg huet zwee Zaldote bei der MINUSMA, déi fir Kommunikatiounen zoustänneg sinn, an 21 weiderer an der europäescher EUTM Taskforce.

An deem Kontext wëll ech de zoustännege Ministere, dem Här Verdeedegungsminister an dem Här Bausseminister dës Froen stellen:

1. Ka Lëtzebuerg ënner dëse Konditiounen nach veräntweren, seng Zaldoten am Mali ze loosse? Sollen déi Lëtzebuerger Militär am Mali net direkt zrëckgezu ginn?

2. Geet den Här Minister dervun aus, datt d'Situatioun am Mali bis Enn 2022 (Enn vum EUMT-Engagement) respektiv bis Mäerz 2024 (Enn vum MINUSMA-Engagement) net weider eskaléiert? Wéi begrënnst hie seng Positioun?

**Réponse** (19/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Défense | **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. D'Situatioun am Mali fir déi divers international Missiounen ass effektiv a villen Hisiichte problematesch. Dofir wäert och d'Mandat vun der

Lëtzebuergescher Participatioun un der EUTM, wat bis Enn dës Joer leeft, net méi verlängert ginn. De Rôle vun der MINUSMA ass allerdéngs vun zentraler Wichtigkeet fir d'Ëmsetzung vum Alger-Friddensaccord vun 2015. Dofir wäert d'Lëtzebuergesch Contributioun bis op Weideres bestoe bleiwen, dat ass iwwerreges och de Fall fir de Moment fir den Asaz vun der Bundeswehr.

ad 2. D'Lëtzebuergesch Regierung verfollegt d'Situatioun am Mali genau, fir kënnen à même ze sinn, gegebenefalls séier op nei Evolutiounen ze reagéieren, ouni sech allerdéngs wëllen u Spekulationen iwwert déi zukünfteg Entwécklungen ze bedeelegen.

**Bornes pour voitures électriques « Tesla »** | Question 6674 (18/08/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

An Däitschland sinn, no enger Meldung vu „Focus Online“, déi sech op d'„Handelsblatt“ an „IKT für Elektromobilität“ bezitt, all Luedsaile fir Elektroautoe vun der Mark Tesla illegal. Dës Saiten hunn an Däitschland kee Compteur, soudatt d'Clienten net wëssen, wéi vill Strom si zu wat fir engem Präis verrechent kréien. Well net unzuehuelen ass, datt d'Luedstatiounen vun deem E-Gefier-Hersteller an Däitschland anescht si wéi soss op der Welt, wéilt ech dës Froen un d'Madamm Minister fir Konsumenteschutz an un den Här Wirtschaftsminister riichten:

1. Ass den Affichage vum Präis zu Lëtzebuerg virgeschriwwen an erfëllen d'Luedstatiounen vun Tesla an all aner Luedstatiounen dës Oplö?

2. Wat ënnerhélt d'Regierung, fir d'Rechter vum Konsument op eng transparent Präisgestaltung duerchzusetzen, fir de Fall, datt d'Chargeuren net sollte gesetzeskonform sinn?

3. Ass d'Lëtzebuerger Regierung, wéi déi däitsch, der Meenung, datt eng Illegalitéit während enger Transitionsperiod ka bestoe bleiwen a keng Konsequenze muss hunn? Wa jo, wéi justifiéiert si esou eng Positioun?

4. Wat fir eng Homologatioun hunn déi Statiounen musse kréien a wie war dofir responsabel? Sinn eventuell Illegalitéite bei där Prozedur scho festgestallt ginn oder si si iwwersig ginn?

**Réponse** (22/09/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Protection des consommateurs | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Den honorabelen Deputéierten huet eng Serie vu Froen iwwert d'Präistransparenz bei Luedstatiounen fir Elektroautoe gestallt. Wéi hie schreift, si Mëtt August an der däitscher Press eng Serie vun Artikelen verëffentlecht ginn, an deenen d'Legalitéit vun Tesla-Luedstatiounen a Fro gestallt gëtt. Zu deenen Artikelen ass ze bemierken, dass et doranner ëm d'Legalitéit ënnert dem däitschen Eichrecht geet, an net ëm d'Legalitéit ënnert de Reegelen vun der Präisindikatioun.

Donieft ass et wichteg ervirzehiewen, dass dës Tesla-„Supercharger“ bis d'Fréijoer dës Joer an Europa net zougängelech fir Elektroautoe vun aner Hersteller waren an domadder als privat Luedstatiounen unzugesig waren. Doduercher, dass Tesla awer elo amgaangen ass, progressiv säi Réseau u „Supercharger“ an Europa fir aner Marken opzemaachen, sinn dës Bornen als ëffentlech zougängelech unzugesinn a falen domadder ënnert d'Dispositiounen vun der Direktiv 2014/94/EU iwwert d'Infrastruktur fir alternativ Kraaftstoff an déi respektiv national Transpositiounen vun dësem Text an den eenzele Memberstaaten. An Däitschland huet sech

doropshin erausgestallt, dass d'Borne vun Tesla net dem spezifischen däitschen Eichrecht entsprechen. Zu Lëtzebuerg ass dës awer net de Fall an der Regierung leien och keng Informatiounen vir, dass et an anere Länner änlech Problemer wéi an Däitschland gëtt.

Dobäi ass et och wichteg ze preziséieren, dass et sech bei den Tesla-„Supercharger“ ëm Borne mat Gläichstrom handelt an, wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2617 vum 3. August 2020 iwwert méiglech Stromverloschter beim Luede vun Elektroautoen am Detail erkläert, gëtt bei dëse Schnelllueder de Wiesselstrom ausserhalb vun Elektroauto a Gläichstrom ëmgewandelt. Déi eventuell Verloschter bei dëser Ëmwandlung kritt de Konsument bei Gläichstrombornen, wéi deene vun Tesla, also net a Rechnung gestallt.

Generell ënnerleien och d'Servicer, déi dem Konsument iwwert d'Luedstatiounen fir Elektroautoen hei zu Lëtzebuerg ugebuede ginn, de Reegelen aus dem Code de la consommation.

Um Niveau vun der Präisindikatioun gëllen hei d'Artikelen L. 112-1 a L. 112-8, déi de Prinzip virschreien, dass de Professionellen de Konsument eendeitig, liicht erkenntlech a liieserlech (op Franséisch am Code „de manière non équivoque, facilement identifiable et aisément lisible“) iwwert d'Präisser informéiere muss. D'Präisser mussen an Euro affichéiert ginn an et muss kloer sinn, ob et e Forfait oder e Präis op d'Unitéit ass. Zum Beispill: e Forfait, fir eng gewëssen Zäit ze lueden, oder soss de Präis op d'Kilowattstonn. De Code de la consommation selwer schreift an dësem Kontext keng bestëmmten Unitéit vir. De Präis muss och ëmmer all Taxen (z. B. TVA) mat abegräifen. Falls de Präis net am Viraus ka bestëmmt ginn, da muss de Professionellen all déi Critären affichéieren, déi hie benotzt, fir de Präis ze bestëmmen.

Am Fall vun de Luedstatiounen ass et awer wichteg ze betounen, dass et an der Regel keen eenheetleche Präis oder Tariffmodell gëtt. Dës am Géigesaz zu enger klassischer Tankstell, wou de Client dem Bedreier ee bestëmmte Präis pro Liter Brennstoff bezilt. Esou huet de Client bei de Bornen aus dem „Chargy“-Réseau zum Beispill d'Auswiel tëschent méi wéi 50 Luedservice-Provider (op Franséisch: Fournisseurs de service de charge, „FSC“), déi hir Servicer mat hire jeeeweilegen Tariffmodeller op dës Bornen ubidden. All dës ënnerschiddlech Präisser an Tariffmodeller kënnen natierlech net fir de Konsument op der Luedstatioun ugewise ginn. De Konsument kritt am Kontrakt, deen hien am Virfeld mat sengem FSC ofgeschloss huet, d'Tariffstruktur erkläert, an an der Praxis ginn d'Präisser fir de Luedservice meeschtens iwwert eng d'Applikatioun vum FSC ugewise.

Donieft a wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4958 vum 14. September 2021 preziséiert, gesäit déi uewen ernimmten Direktiv vir, dass op all ëffentlech zougängelecher Born och ouni Kontrakt mat engem FSC ka geluede ginn. Dës sougenannt „ad hoc“-Lueden ass op Schnelllueder, wéi zum Beispill de „SuperChargy“-Bornen, och iwwert Debit- a Kreditkaarte méiglech. An dësem Fall ass den „ad hoc“-Präis direkt op der Luedsail affichéiert.

Wat d'Tesla-„Supercharger“ ubelaangt, esou gëtt de Präis an d'Tariffstruktur vun de Luedservicer an den Autoe vun dësem Konstrukteur ugewise. Fir Benotzer vun enger anerer Autosmark geschitt dat iwwert d'Handy-Applikatioun vun Tesla, iwwert déi de Client sech fir de Service aschreift an d'Luedung fräischalt.

Wann de Konsument säi Won zum Beispill an engem Hotel oder Restaurant luet, dann ass et um Hotelier, d'Präisser ze affichéieren. An der Praxis ass dat an deenen Etablissementen, déi dem

Konsumentenschutzministère bekannt sinn, esou dass den Hotelier e Forfait fir eng gewësse Luedzäit freet. Op anere Plazen ass d'Lueden am Zëmmerpräis fir d'Iwwernuechtung mat abegraff.

Bis dato ass de Servicer vum Konsumentenschutzministère keng Reklamatioun iwwert d'Indikatioun vun de Präisier op de Luedstatiounen fir Elektroautoen oder iwwert d'Informatiounen vun de verschiddene FSCe bekannt.

Nieft der Präisindikatioun mussen déi Professionnell, déi hire Stroum iwwert d'Saile verkafen, sech natierlech och un déi aner Reegelen aus dem Code de la consommation halen. Wann si dat net maachen, setzen si sech stroferechtliche Sanktiounen aus, déi d'Police an de Parquet an d'Weeër leede kënnen. D'Ministesch fir de Konsumentenschutz kann hirsäits, wann hir Servicer eng Infraktioun feststellen, eng „action en interdiction“ oder eng „action en cessation“ géint de Professionnellen aleeiden.

Et ass nach wichteg ze präziséieren, dass am Kader vum „Fit for 55 Package“ d'Europäesch Kommissioun de 14. Juli 2021 ënnert anerem eng Propos fir een neit Reglement iwwert d'Infrastruktur fir alternativ Kraaftstoffer gemaach huet, wat déi uewe genannt Direktiv ersetz soll. Nieft Mindestziler u Luedinfrastruktur, déi all Memberstaat muss virgesinn, gesäit dëst neit Reglement am Artikel 7 och eng Rei kloer Reegelen a puncto Präistransparenz an Affichage op ëffentleche Luedstatiounen vir. Esou soll de Präis vum „ad hoc“-Lueden an allegueren d'Komponenten, aus deenen sech dëse Präis zesummesetzt, kloer op all Born affichéiert ginn. Dat selwecht gëllt fir allegueren d'Handy-Applikatiounen vun de FSC.

Duerch dës méi kloer an europawäit applikabel Reegelen soll d'Lueden op ëffentlech zougängleche Luedinfrastrukturen an der ganzer Unioun méi transparent an domadder am Sënn vum Konsument verbessert ginn.

#### Registre des bénéficiaires effectifs | Question 6675 (18/08/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Fir ASBLen, grad ewéi Entreprises, gëllt d'Flicht, fir sech am LBR androen ze loossen an do reegelméisseg d'Bénéficiaires effectifs an d'Bilanen ze hannerleeën. Am Fall, wou dëst net gemaach gëtt, si Strofe virgesinn. Mir ass an dësem Kader ee Fall zougedroen ginn, laut deem de President vun enger ASBL doheem vun der Police opgesicht gouf an an de Policebüro convoquéiert gouf, well d'Beneficiairen net kommunizéiert gi waren.

An deem Zesummenhang wëllt ech de Ministere fir bannenzeg Sécherheet a Justiz dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch d'Prozedur vun der Ausstellung vun enger Amende am Kader vum Netrespekt vum Gesetz vum 13. Januar 2019 nach eng Kéier erklären?
2. Fannen d'Ministernen et proportionell, dass dräi Poliziste bei de Presidenten vun enger ASBL heemgeschéckt ginn, wéinst enger Irregularitéit am LBR?
3. Sinn d'Ministernen der Meinung, dass esou eng Ëmsetzung – wéi an der Intro beschriwwen – vum Gesetz vum 13. Januar 2019 d'Attraktivitéit vun Benevolat schiedegt?

**Réponse (20/09/2022) de Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure**

ad 1. D'Ausstellung vun enger Geldstrof baséiert sech op den Artikel 20 Paragraphen 1 an 2 vum Gesetz vum 13. Januar 2019 (RBE-Gesetz).

Et sief am Virfeld bemierkt, dass, iert eng Strof ausgeschwat gouf, all d'Entitéiten, déi ënnert d'Bestëmmungen vum RBE-Gesetz falen, ASBLen abegraff, sensibiliséiert an informéiert goufen.

– Als Rappel, bei der Aféierung vum RBE-Regëster ass eng flächendeckend Sensibiliséierungscampagne lancéiert ginn, fir déi betreffen Entitéiten iwwert dat neit RBE-Gesetz ze informéieren. An deem Kader gëtt op d'Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 3534 vum 29. Januar 2021 vun den honorabelen Deputéierten Dan Biancalana a Mars Di Bartolomeo verwisen.

– Bei der Immatrikulatioun am Handelsregëster ginn all d'Entitéiten zënter Oktober 2020 via den Internetsite vum LBR informéiert iwwert d'Obligatioun, d'Bénéficiaires effectifs bannent engem Mount am RBE anzendroen. Dës Obligatioun gëtt nach eng Kéier widderholl, wann d'Entitéit bis d'Bestätegung vun hirer Immatrikulatioun am Handelsregëster kritt huet.

Et sief och bemierkt, dass no der Iwwergangszäit vu sechs Méint, déi d'RBE-Gesetz virgesinn huet, nach en administrativen Delai vun dräi Méint accordéiert gouf, wärenddeem d'Entitéiten hir Bénéficiaires effectifs gratis um RBE konnten androen. Eréischt no dëser Period kruten 2.569 ASBLen, déi déi néideg Informatiounen dem RBE net matgedeelt haten, obwuel se am RCS agedroen waren, e Rappel geschéckt.

Doriwwer eraus mécht den LBR nach e Suivi vun all den Entitéiten, déi nei immatrikuléiert sinn an déi trotz den uewe genannten Informatiounen a Rappel vum LBR bei der neier Immatrikulatioun hire Bénéficiaire effectif net bannent engem Mount am RBE agedroen hunn. Bei feelenden Informatiounen schéckt den LBR per Bréif e Rappel un déi betreffen Entitéiten, fir dass se d'Méiglechkeet kréien, bannent engem Mount hir Obligatiounen ze erfëllen, éier hiren Dossier un de Parquet iwwermëttelt gëtt.

Wann d'Informatioun trotz all dës Mesuren nach ëmmer net agedroen gouf, gëtt den Dossier vum LBR un de Parquet iwwermëttelt, deen dës Entitéiten, also och den ASBLen, eng Sommation zoukomme léisst.

Och no esou Sommatione gouf allerdéngs festgestallt, dass verschidden ASBLen nach ëmmer net konform zum RBE-Gesetz waren, a fir dës ASBLen gouf dunn e Procès-verbal vun der Police erstallt.

Déi éischt Procès-verbaux sinn dem Parquet iwwermëttelt ginn an obwuel et ze fréi ass, eng Bilanz ze zéien, goufen zwou Tendenzen festgestallt:

- A verschiddene Fäll huet d'ASBL d'Initiativ geholl sech opzeléisen, well se hiren Objet net méi erfëlle konnt.
- An anere Fäll huet d'ASBL hir Situatioun regulariséiert.

An deenen zwee Fäll consideréiert de Parquet, dass ee vun den Ziler vun der Action publique erreecht ass (der Strofdot a Stéierung vum Ordre public en Enn ze setzen) an d'Resultat gëtt um Niveau vun der Opportunité des poursuites a Betruucht geholl, zesumme mat den Eegeschafte an der Natur vun den Aktivitéiten un der ASBL.

Opgrond vun den Eegeschafte vun den ASBLen (lokal Aktivitéiten, Benevolat), gëtt e leschte Rappel verschéckt, wann, trotz Procès-verbal, d'ASBL nach ëmmer net hir Situatioun regulariséiert huet oder opgeléist ass. Wann d'ASBL net kooperéiert, da kann eng Strof geschéckt ginn, déi vum RBE-Gesetz virgesinn ass, dëst nieft enger eventueller geriichtlecher Opléisung.

Op haut gouf keng ASBL (a kee President vun enger ASBL als Coauteur) poursuiviéiert an a fortiori verurteelt, wéinst Verstouss géint d'RBE-Gesetz.

ad 2. D'Police féiert an dësem Kontext spezifesch Kontrollen aus, wéi och deels an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 6510 beschriwwen. D'Police fixéiert hiren Dispositif fir dës Kontrollen a Funktioun vun diverse Consideratiounen, déi jee no Fall variéieren kënnen.

ad 3. Aus den uewe beschriwwenen Erklärungen geet ervir, dass d'ASBLen normalerweis op d'mannst zwee Bréier vum LBR kritt hunn an op d'mannst ee Courier vum Parquet, dëst onofhängeg vun den Informatiounen, déi se am Kader vun der Sensibiliséierungscampagne kruten.

Ausserdeem muss ënnerstrach ginn, dass d'Obligatioun vum RBE-Gesetz och vun ASBLen mussen respektéiert ginn, och wann d'Aktivitéiten vun den ASBLen zu engem groussen Deel vu Benevolle ausgefouert ginn.

Et ass och ze präziséieren, dass um 14. September 2022 7.418 vun 8.661 ASBLen hiren Obligatiounen, déi virgeschriwwen Informatiounen am RBE anzendroen, nogaange sinn, dat entsprécht engem Taux de conformité vu 85,6 %.

D'ASBLen, déi hir Obligatiounen nach ëmmer net erfëllt hunn, kënnen dat all Moment maachen an esou mam RBE-Gesetz konform sinn.

D'ASBLen, déi Schwierigkeeten hunn, d'Demarchen op elektronischem Wee auszeféieren, kënnen sech un de Guichet d'assistance vum LBR wenden (op Rendez-vous).

Dës Obligatiounen mussen erfëllt ginn a sinn eng Viraussetzung, fir de juristesche Statut vun enger ASBL ze hunn a fir d'Méiglechkeet ze hunn, eng Aktivitéit an engem séchere rechtliche Kader auszeféieren.

#### Foire de l'étudiant 2022 | Question 6676 (18/08/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Nodeems d'Studentefoire 2020 pandemiebedéngt exklusiv online ofgehele ginn ass, ass 2021 op eng hybrid Form zeréckgegraff ginn, wou wärend zwee Deeg d'Unie wéi och d'Studentecercelen e physische Stand um Campus vun der Uni.lu konnten hunn. Dëst Konzept soll fir d'Studentefoire 2022 bäigehale ginn an deemno sinn, wéi schonn 2021, d'Jugendorganisatiounen vum physischen Deel vun der Studentefoire ausgeschloss a kënnen nëmme vum virtuellen Deel profitéieren, fir hir Organisatioun ze presentéieren.

An dem Zesummenhang géif ech gär follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

– Wëssend, dass d'Studentefoire eng immens wichteg Geleeënheet fir d'Jugendorganisatiounen war, fir hir Organisatiounen ze presentéieren, wat waren déi genee Grënn, déi den Här Minister dozou beweegt hunn, d'Jugendorganisatiounen vum physischen Deel vun der Studentefoire auszeschléissen?

– Kéint den Här Minister sech virstellen, Jugendorganisatiounen erëm un den nächste Studentefoiren deelhuefen ze loossen?

• Wa jo, ënnert wat fir enge Konditiounen?

– Ass fir d'Joren 2020 an 2021 statistesch erhuewe ginn, wéi vill Schülerinnen a Schüler un der digitaler Versioun vun der Studentefoire deelgeholl hunn, an ass och analyséiert ginn, ob si déi gewünschte Informatiounen kritt hunn?

• Wa jo, wéi eng Konklusiounen zitt den Här Minister dorausser?

– Fir d'Joer 2021, wou d'Studentefoire physisch ewéi virtuell stattfonnt huet, wéi eng Form hat méi Zoulaaf



kann elo scho gesot ginn, wéi eng Form am beschten de Besoin vum de Schülerinnen a Schüler nokënn?

– Gouf unhand vum enger „enquête de satisfaction“ ermëttelt, wéi zefridden d'Schüler an d'Exposantë mat der hybrider Form vum der Studentefoire an dem Organisationsstanduere waren?

• Wa jo, kann den Här Minister ons schonn éischt Resultater virleëen?

• Wann nee, gedenkt den Här Minister, eng „enquête de satisfaction“ fir d'Studentefoire 2022 ze organisieren?

**Réponse** (19/09/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Ech reagieren op der honorabeler Deputierter Martine Hansen hir Fro mat dësen Informatiounen iwwer d'Konzept an d'Organisatioun vum der Studentefoire.

Et sief virop drun erënnert, dass d'Studentefoire als Objektiv huet, eemol am Joer all d'Schüler aus den zwou leschte Secondairesklassen (1<sup>re</sup> an 2<sup>e</sup>), mee awer och Elteren an all weider interesséiert Persounen, prezis a méiglechst komplett iwwer d'Méiglechkeete vum engem Héichschoulstudium zu Lëtzebuerg oder am Ausland ze informéieren. Dës Informatiounen betreffen nieft de Studien u sech, also de Studierichtungen, de Studiengang an den Diplomer, och méiglech Finanzbäihëllef an natierlech och d'Studenteliewe mat all de praktesche Froen, déi sech an dësem Beräich stellen.

D'Studentefoire ass deemno e wichtegt Evenement am Kalenner vum all Première- an Deuxième-Schüler, dee wëll studéieren goen, dat komplementär ass zu all den aneren Offeren, déi zesummegeholl den Orientéierungs- an Informatiounsprozess, dee sech vum Secondaire bis zum Ufank vum Studium erstreckt, ausmaachen.

Wéi déi honorabel Deputéiert an hirer parlamentaresch Fro richteg schreift, gouf d'Studentefoire 2020 pandemiebedéngt eng éischte Kéier exklusiv an digitaler Form ofgehalen. Well nom Ausbroch vum der Pandemie eng radikal Ofso vum der Studentefoire keng Optioun war, huet den Héichschoulministère, als Organisator vum der Foire, missen a kierzester Zäit déi schonn ugelafe Preparative fir eng reng physisch Foire astellen an d'Méiglechkeete vum enger reng digitaler Alternativ préieren an ëmsetzen. Op dëser digitaler Foire, déi am November 2020 ënnert dem Titel „Studentefoire goes digital“ stattfonnt huet, ware méi wéi 180 Exposantë mat hire Stänn vertrueden. Dës goufen insgesamt méi wéi 107.000-mol ugeklickt, an déi op de Stänn disponibel digital Broschüren a Videoe goufe méi wéi 29.000-mol ugeklickt. Déi 31 ugebuede Webinäre goufen insgesamt vu 4.000 Leit suivéiert.

Nom Ofschloss vum der Foire goufen d'Cellules d'orientation aus de Lycéeën, déi national Schülerkonferenz an d'Exposanten iwwer de Wee vum engem Online-Questionnaire zu hiren Andréck befrot.

Aus dëser Ëmfro huet sech erginn, dass d'Struktur an de Layout vum der Plattform fir eng Majoritéit vu Leit (Exposanten a Visiteuren) kloer a liicht verständlech waren, d'Visiteuren hu majoritär (85 %) uginn, dass si déi Dokumentatioun fonnt hunn, déi se gesicht hunn. No der Form vum enger zukünftiger Foire befrot, huet sech eng Majoritéit vum de Befrote fir eng hybrid Versioun ausgesprach.

Opgrond vum de gemaachten Erfarungen, de Resultater vum den Ëmfroen a well déi sanitär Situatioun 2021 et ënnert dem CovidCheck-Regimm erlaabt

huet, gouf fir dat Joer decidéiert, op eng hybrid Form vum der Foire zeréckzegräifen. Deemno konnten déi interesséiert Persounen (Schüler, Elteren, Enseignanten, ...) sech während enger Woch Enn Oktober op enger digitaler Plattform, an och während engem Dag physisch mat Exposanten austauschen. De presentiellen Deel, déi sougenannt „journée de rencontre“, huet samschdes, den 30. Oktober 2021, an der Maison du Savoir vum der Uni Lëtzebuerg um Campus Belval stattfonnt. Verrieder aus dem Lëtzeburger Héichschoulberäich, d'Lycéeën, déi BTS-Formatiounen ubidden, genau wéi och de Studentendaachverband ACEL an déi eenzel Studentecerclé stoungen de Schüler Ried an Äntwert.

Am Joer 2021 waren 217 Exposantë mat engem Stand op der digitaler Plattform vertrueden. Ronn 4.900 aktiv Visiteure goufe gezielt. De groussen Interessi weist sech och doduercher, dass d'Stänn insgesamt méi wéi 74.000-mol besicht an déi 31 Webinäre vu ron 3.500 Persounen suivéiert goufen.

Unzemerken ass nach hei, dass 2021 deem no der Experienz vum 2020 oftmools geäusserte Wonsch no engem méi direkten Austausch tëscht Exposant a Visiteur mat sougenannten „chats“ och Rechnung gedroe gouf. Op der „journée de rencontre“ konnten 48 Exposantë ron 1.000 Visiteuren empfangen.

An der Ëmfro, déi zur Editioun 2021 vum der Studentefoire duerghefouert gouf, krut d'Offer un Informatiounen ganz positiv Bewäertungen. Positiv bewäert goufen esouwuel déi digital Plattform ewéi och d'„journée de rencontre“.

Méi nuancéiert waren d'Meenungen awer, wat déi digital Interaktioun zwëschen Visiteur an Exposant ugeet. Déi Mëttelen, déi zur Verfügung stoungen (Text-Chat, Video-Chat), goufe vum de Visiteuren nëmme ganz ageschränkt genotzt, en Ëmstand, deem d'Exposantë bedauert hunn. D'„journée de rencontre“ krut hirersäits vill Zoustëmmung. Déi meescht Visiteuren hu sech dobäi awer fir de Fall, wou déi sanitär Situatioun et géif erlabe, fir eng Foire en präsentiel iwwer zwee Deeg ausgeschwat. Gläichzäitig huet eng Majoritéit vu Befroten erkläert, dass si eng parallell digital Plattform géif pertinent fannen.

Den Héichschoulministère huet probéiert, all dës Remarken a Suggestiounen bei der Ausaarbechtung vum der Studentefoire 2022 Rechnung ze droen an huet och e reegelméisseg Austausch mat der ACEL iwwer d'Konzept an d'Organisatioun vum der Studentefoire.

Fir dëst Joer gouf fir eng physisch Foire vum zwee Deeg, verbonne mat enger digitaler Plattform, optéiert.

D'Konzept ass dann och par rapport zu den Editiounen vu virun der Pandemie ugepasst ginn. An der Kontinuitéit vum leschte Joer wäert d'Foire 2022 um Campus vum der Uni Belval stattfannen. Engersäits erlaabt dëst de Schüler aus dem ganze Land, dësen eenzegaartege Site ze entdecken. Mee virun allem wäerten d'Visiteuren sech fir en hallwen Dag e Bild vum Unisalltag kënnen maachen an eng éischt Iddi vum hirem zukünftige Studenteliewe kréien. Entsprechend dem primären Zil vum der Foire, iwwer déi verschidde Méiglechkeete vum Héichschoulstudien ze informéieren, gouf sech fir dës Editioun op Partizipantë konzentréiert, déi am Héichschoulberäich aktiv sinn, also op Unien an Héichschoulen op där enger Sait, an op Studentevereenegungen a -cerclen op där anerer Sait.

Trotz dësem Fokus krut de Jugendrot als Daachverband fir vill Jugendorganisatiounen d'Méiglechkeet ugebueden, fir eng Presenz op der Plaz ze garantéieren, woubäi Verrieder vum den eenzele

Memberorganisatiounen, déi dat wëllen, sech op dësem Stand kéinten ofwiesselen.

Dat neit Konzept ass selbstverständlech evolutiv a wäert, basierend op den zukünftigen Erfarungen, sécherlech nach am Laf vum de Joren ugepasst ginn. Nom Ofschloss vum der Foire 2022 wäert erëm eng quantitativ a qualitativ Analys vum Event, inklusiv vum de Resultater vum den Zefriddenheetsëmfroen, gemaach ginn. Am éischten Trimester 2023 wäert dann op Basis vum dësen Donnéeën decidéiert ginn, ob an a wéi engem Mooss d'Konzept vum 2022 kéint ugepasst ginn. D'Zil ass et, mëttelfristeg en nohaltege Modell fir d'Studentefoire ze definéieren, deen allen Ufuerderunge vum enger moderner, effizienter a preziser Informatioun vum eisen zukünftige Studenten entsprécht.

**Mécanisme de recrutement des « Quereinsteiger » pour l'enseignement fondamental** | Question 6677 (18/08/2022) de **Mme Josée Lorsché** | **Mme Djuna Bernard** (déi gréng)

En vertu de la loi du 22 juin 2018 portant modification entre autres de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant l'organisation de l'enseignement fondamental, le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enseignement et de la Jeunesse (MENJE) a la possibilité de recruter des détenteurs d'un bachelier en relation avec un des objectifs de l'enseignement fondamental (communément appelés « Quereinsteiger ») tels que définis dans le chapitre 1<sup>er</sup>, section 3, articles 6 et 7 de ladite loi modifiée du 6 février 2009. Ce mécanisme de recrutement pourra être déclenché jusqu'en septembre 2023, sous condition que le nombre de candidat-e-s inscrit-e-s au concours réglant l'admission au stage préparant à la fonction d'instituteur est inférieur au nombre de postes à pourvoir. Au cours de l'année actuelle, l'appel à candidatures était ouvert du 10 mai au 26 juin.

Dans ce contexte, nous nous permettons de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

1) Combien de candidatures à la carrière de « Quereinsteiger » le MENJE a-t-il reçues en 2022 ? Combien en ont été retenues ?

2) Combien des candidat-e-s retenu-e-s peuvent se prévaloir d'un bachelier dans les domaines éducatif, pédagogique ou social ? Comment les autres domaines de formation sont-ils représentés parmi les candidat-e-s retenu-e-s ?

Selon l'article 19bis de la loi modifiée du 6 février 2009 susvisée, il est créé une commission de recrutement ayant pour objectif de statuer sur l'admissibilité des candidat-e-s. Le président de la commission transmet les candidatures retenues au Ministre de l'Éducation nationale qui affecte les candidat-e-s afin de pourvoir les postes d'instituteur restés vacants.

3) Monsieur le Ministre peut-il donner des précisions sur les modalités et critères sur base desquels le choix parmi les candidat-e-s admissibles est effectué ?

4) Les candidat-e-s pouvant se prévaloir d'un diplôme ou d'une expérience professionnelle dans les domaines éducatif, pédagogique ou social jouissent-ils/elles d'une priorité dans le recrutement ?

5) Les candidat-e-s qui remplissent les critères d'admissibilité pour la réserve des suppléants mais qui ne sont pas retenu-e-s pour les postes vacants, sont-ils/elles informé-e-s des raisons précises de leur non-affectation ?

6) Monsieur le Ministre dispose-t-il de chiffres concernant les candidatures qui sont issues du domaine

éducatif non formel et qui ont été intégrées dans le système de l'enseignement fondamental depuis la création de la carrière desdits « Quereinsteiger » en 2018 ?

**Réponse** (28/09/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1) Dans le cadre du recrutement des détenteurs d'un bachelier en lien avec un des objectifs de l'enseignement fondamental, mon Ministère a reçu 369 candidatures dont 149 ont été retenues par la commission de recrutement.

ad 2) Dans le cadre du recrutement concerné, les diplômes d'études supérieures des candidats retenus ont été catégorisés de la manière suivante :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Parmi les 71 candidats dont le diplôme d'études supérieures est classé dans la rubrique « Enseignement, pédagogie et sciences sociales », 34 sont détenteurs d'un bachelier en sciences de l'éducation ou équivalent.

ad 3) à 5) La commission de recrutement prévue à l'article 19bis de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental se réunit régulièrement pendant la phase de recrutement dans l'intention d'analyser les dossiers de candidature introduits. Pour statuer sur l'admissibilité des candidats visés à l'article 16, point 2., lettre c), dans la réserve de suppléants, la commission de recrutement fait référence à plusieurs critères.

Dans un premier temps, la commission de recrutement statue sur la recevabilité du dossier de candidature en vérifiant si les candidats ont fait preuve d'une connaissance adéquate des trois langues administratives telles que définies par la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues ou en ont été dispensés selon les dispositions législatives en vigueur, si le dossier comporte l'intégralité des documents requis pour la prise de décision et si la candidature a été introduite pendant la période de publication de postes. Au cas où une pièce fait défaut dans un dossier de candidature, il va de soi que mes services invitent les candidats concernés à compléter leur dossier dans les meilleurs délais. Pour les dossiers de candidature qui ne peuvent pas être retenus après cette première analyse, les candidats sont informés de la raison qui a conduit à leur élimination dans le cadre du recrutement.

Une fois que la commission de recrutement constate la recevabilité du dossier de candidature, elle procède à une analyse approfondie du profil des candidats. Vu que le nombre de candidatures introduites dépassait largement le nombre de postes à pourvoir, la commission de recrutement a sélectionné les candidats dont les compétences correspondent au mieux au profil recherché, à savoir celui de l'enseignant généraliste.

L'accomplissement de toute formation pédagogique effectuée dans le domaine de l'éducation formelle dans une école fondamentale publique luxembourgeoise ou à l'étranger conduit certainement à une valorisation du profil des candidats. Voilà pourquoi la commission de recrutement procède prioritairement à l'identification des candidats qui sont détenteurs d'un diplôme d'études supérieures préparant à la fonction d'instituteur et/ou qui ont accompli une formation pédagogique qui les autorise à dispenser des cours dans une école fondamentale publique. Pour tous les autres candidats, la commission de recrutement identifie le rapport entre le(s) diplôme(s) d'études supérieures du candidat et les objectifs de l'enseignement fondamental. Le détail des formations suivies dans le cadre des études ayant conduit à l'obtention du diplôme est pris

en considération pour apprécier les capacités des candidats en vue d'une éventuelle intervention dans l'enseignement fondamental.

Sur base du dossier comprenant une lettre de motivation, le curriculum vitae, les diplômes requis ainsi que l'inscription dans le registre des titres de formation, le cas échéant, et les bulletins du casier judiciaire, la commission de recrutement prend en compte l'expérience professionnelle des candidats dans le domaine de l'enseignement en général. Les candidats qui sont déjà intervenus au sein de l'enseignement fondamental en tant que chargé de cours ou remplaçant sont sélectionnés prioritairement par rapport aux candidats qui ne peuvent se prévaloir d'aucune expérience professionnelle dans le domaine de l'éducation formelle.

Dans le souci de favoriser le bon déroulement de la formation en cours d'emploi débouchant au certificat de formation pédagogique C2-4, la commission de recrutement veille à l'hétérogénéité de la population retenue dans le contexte de ce recrutement. L'hétérogénéité du groupe est un facteur essentiel pour la réussite des candidats dans la mesure où ces derniers peuvent s'entraider dans le développement de leur pratique d'enseignement en s'appuyant sur leurs points forts respectifs, entre autres pendant les moments de regroupement entre pairs. De plus, l'hétérogénéité favorise des échanges dynamiques stimulant la participation des agents aux différents modules de formation.

Les candidats dont la commission de recrutement a retenu la recevabilité du dossier de candidature, mais qui n'ont pas été sélectionnés par cette dernière en raison des arguments exposés ci-dessus sont informés que leur candidature n'a malheureusement pas été retenue vu que le nombre de candidatures introduites dépassait le nombre de postes à pourvoir sans cependant exposer le détail des motifs ayant conduit à cette décision. Au cas où un candidat introduit une demande écrite pour solliciter des précisions concernant les motifs ayant conduit à sa non-sélection par la commission de recrutement, des précisions sont transmises à ce dernier dans le délai prévu par les dispositions légales applicables.

ad 6) Dans le cadre du recrutement des détenteurs d'un bachelier en lien avec un des objectifs de l'enseignement fondamental, grand nombre de candidats disposent d'une expérience professionnelle dans plusieurs domaines, aussi bien au Luxembourg qu'à l'étranger, ce qui ne punit pas la classification de ces derniers en fonction de la(des) profession(s) qu'ils ont exercée(s) avant leur engagement dans le système de l'enseignement fondamental luxembourgeois. L'évaluation du parcours professionnel incombe à la commission de recrutement qui procède à cette analyse sur base du dossier de candidature introduit et il s'ensuit que le recensement d'informations plus complexes en matière de parcours professionnel des candidats à des simples fins statistiques ne se révèle pas opportun.

**Distributeurs de produits hygiéniques gratuits dans les lieux publics** | Question 6678 (18/08/2022) de **Mme Jessie Thill** (déi gréng)

Depuis la mi-août, les bâtiments publics et les établissements scolaires et universitaires en Écosse devront fournir gratuitement des produits hygiéniques. Avec l'entrée en vigueur d'une loi contre la précarité menstruelle, les tampons et serviettes périodiques seront disponibles gratuitement pour toute personne en ayant besoin. Le Gouvernement écossais est le premier Gouvernement au monde à mettre en place un plan à échelle nationale pour faciliter l'accès gratuit aux

tampons et serviettes hygiéniques. Une application pour téléphone mobile PickMyPeriod a été lancée afin de localiser les points de distribution les plus proches.

En mars 2021, la commune de Walferdange était la première du pays à installer des distributeurs de produits hygiéniques gratuits dans les toilettes publiques et bâtiments publics tels que la mairie, le centre culturel et les halls sportifs. Depuis lors, des élu.e.s locaux d'autres communes, par exemple de la Ville de Luxembourg, ont visité ces premières installations et s'en sont inspiré.e.s pour en installer également.

Dans ce contexte, je voudrais avoir les informations suivantes de la part de Madame la Ministre de l'Intérieur et de l'Égalité entre les femmes et les hommes :

1) Madame la Ministre dispose-t-elle d'une liste des distributeurs déjà installés dans les communes ? Dans l'affirmative, combien de communes en ont installé ?

2) Existe-t-il une stratégie nationale afin d'équiper tous les bâtiments publics avec des distributeurs de produits hygiéniques gratuits ? Dans l'affirmative, comment les communes et administrations publiques sont-elles sensibilisées ?

3) Existe-t-il des consignes concernant les distributeurs, notamment afin de garantir un accès inclusif (grâce à des tailles de produits différentes), des produits réutilisables tels que la coupe menstruelle, ainsi que la mise à disposition de produits en coton biologique ?

**Réponse** (19/09/2022) de **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes, Ministre de l'Intérieur

Dans le cadre de sa stratégie « MEGAPLUS », le Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes (MEGA) prospecte régulièrement les communes en vue de les encourager à prendre des mesures concrètes pour promouvoir l'égalité entre les femmes et les hommes au niveau local.

À cette fin, le MEGA leur propose de conclure une convention de partenariat ayant pour objet la réalisation d'une ou de plusieurs actions pragmatiques et innovantes dans l'intérêt des citoyennes et des citoyens.

Parmi les actions proposées se trouve aussi l'installation de distributeurs de produits d'hygiène menstruelle dans les toilettes publiques communales.

<https://megagemengen.lu/mega-plus/>

Ce volet a d'ailleurs été mentionné de manière explicite dans la circulaire ministérielle n° 3999, diffusée le 21 mai 2021 aux administrations communales.

**Reprise des contrôles médico-dentaires dans l'enseignement fondamental** | Question 6680 (18/08/2022) de **Mme Josée Lorsché** | **M. Marc Hansen** (déi gréng)

Les contrôles médico-dentaires auprès des élèves du fondamental, interrompus à cause de la pandémie du Covid-19 depuis 2020, reprendront avec la rentrée 2022-2023.

Le règlement grand-ducal du 24 octobre 2011 déterminant le contenu et la fréquence des examens de médecine scolaire et le fonctionnement de l'équipe médico-scolaire en vigueur prévoit des examens bucco-dentaires annuels dans l'enseignement fondamental.

Or, dans un courrier adressé aux communes en date du 4 juillet 2022, la Direction de la santé les a informés d'une « nouvelle conception » des activités de la médecine dentaire scolaire. En effet, dès la rentrée scolaire 2022-2023, les examens bucco-dentaires seront limités



aux cycles 1.2., 2.1., 3.1. et 4.2., ce qui représente une réduction effective de 50 % sur tout le parcours d'un élève à l'enseignement fondamental.

Dans ce contexte il faut noter qu'en raison de la pandémie, le contrôle bucco-dentaire des enfants scolarisés au fondamental n'a pas eu lieu depuis 2020. Les élèves ayant fréquenté le cycle 2.2. en 2019-2020 et qui vont fréquenter le cycle 4.1. dès la rentrée 2022-2023 seront ainsi confrontés à une année additionnelle sans contrôle au cas où le contrôle n'a pas eu lieu au premier trimestre de l'année scolaire 2019-2020. Les élèves ayant pour leur part fréquenté le cycle 3.2. en 2019-2020 et qui vont passer à l'enseignement secondaire en 2022-2023 se trouvent dans une situation similaire qui fait que dans l'absolu, tous les élèves susmentionnés seront privés durant quatre années consécutives d'un contrôle bucco-dentaire en milieu scolaire.

Rappelant encore que la modification du règlement susmentionné nécessite l'avis du Collège médical, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Quels sont les éléments qui ont conduit le Ministère de la Santé à réduire les contrôles bucco-dentaires dans l'enseignement fondamental de moitié, sachant que des contrôles réguliers et pendant l'enfance et l'adolescence sont un facteur déterminant pour prévenir le développement de caries et les problèmes de santé y liés ?

2) Avec le retard des contrôles déjà accumulé pendant les années 2020-2022, Madame la Ministre estime-t-elle que le moment est bien choisi pour réduire les examens auprès du dentiste scolaire ?

3) Le Collège médical a-t-il été entendu en son avis ? Dans l'affirmative, quel est son constat par rapport aux modifications projetées ?

4) De façon plus générale, le Ministère de la Santé a-t-il déjà réalisé ou envisage-t-il de réaliser des études épidémiologiques destinées à analyser la prévalence de la carie chez les enfants dans les diverses catégories d'âge, dont celles des enfants de moins de 3 ans, de moins de 6 ans, voire de moins de 12 ans en analysant de plus près les indices carieux et les signes de polycarie chez les enfants vivant dans des situations de précarité, sachant que les facteurs socio-comportementaux, économiques, environnementaux et sociétaux sont connus comme principaux déterminants sociaux de la santé ?

5) Au cas où de telles études ont déjà été réalisées, Madame la Ministre peut-elle nous informer sur les résultats et les conclusions qui en ont été tirées afin de prévenir la carie dans les familles en situation de précarité à l'instar de la stratégie de prévention du Service évaluation économique et santé publique de la Haute autorité de santé en France ?

**Réponse** (28/09/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) Le concept autour des contrôles bucco-dentaires réalisés auprès des enfants de l'enseignement fondamental a effectivement été réorganisé et prévoit dorénavant certes des contrôles moins fréquents, mais pour cela des contrôles beaucoup plus ciblés en fonction des âges et des besoins des enfants. En effet, les activités de prévention et de dépistage dentaire se concentreront désormais à des âges clés, tel que cela est déjà reconnu et appliqué dans d'autres pays, afin de consacrer le plus tôt possible un maximum de temps à la promotion de la santé bucco-dentaire. Il s'agit d'adopter les bons gestes de prévention et de dépister des lésions précocement, tout en assurant un suivi adéquat. Les mesures de prévention viseront prioritairement les tranches d'âge cibles connues pour

avoir un impact sur l'incidence de la maladie carieuse et ainsi suivre les objectifs définis par l'Organisation mondiale de la santé (OMS) et la Fédération internationale dentaire (références 1-4). La réorganisation tient également compte de la volonté de créer un système standardisé, équitable et uniformément accessible à tous les enfants au niveau national peu importe leur lieu de résidence.

ad 2) Dans un souci de maintenir un dépistage de qualité et dans l'objectif d'accentuer la promotion de la santé bucco-dentaire dès le plus jeune âge, une analyse de la couverture médico-dentaire des enfants a été réalisée au courant de l'année 2021-2022 (référence 5), avec une réflexion sur un nouveau concept dans une perspective globale de santé publique. La reprise des activités de médecine scolaire après la période de Covid-19 est justement l'opportunité d'appliquer ce nouveau concept. À cet égard, il convient d'insister que les visites des médecins-dentistes scolaires dans les écoles constituent une offre de prévention et de dépistage supplémentaire et n'ont pas vocation à se substituer aux examens annuels au cabinet d'un dentiste, recommandés dès l'âge de 2 ans et demi, qui sont intégralement remboursés pour les enfants âgés de moins de 18 ans. Il est aussi à noter que des consultations spécifiques de prévention dentaire en cabinet sont prévues pour les enfants âgés de 2 à 4 ans et entièrement prises en charge par la Caisse nationale de santé (Loi du 15 mai 1984 introduisant des examens médicaux systématiques pour les enfants âgés de deux à quatre ans et article 3 du règlement grand-ducal du 12 décembre 1984 déterminant les modalités d'examen médicaux et dentaires des enfants âgés de deux à quatre ans, tarifs DE2 pour enfants de 30 à 36 mois, et DE3 pour enfants de 40 à 48 mois). Force est cependant de constater que ces offres ne sont pas assez utilisées. En effet, en 2021, seulement 5,77 % des enfants éligibles ont bénéficié de la consultation DE2, et 7,77 % de la consultation DE3. En y ajoutant les consultations de dentiste habituelles (code DC1) en 2021, 10,56 % des enfants âgés de 2 ans ont vu un dentiste, 26,36 % à l'âge de 3 ans, et 39,82 % à l'âge de 4 ans. Ces chiffres sont sensiblement les mêmes qu'avant la pandémie. Une campagne d'information et de promotion de santé dentaire sera mise en place prochainement afin d'informer les parents de jeunes enfants non scolarisés, sur l'importance d'un suivi régulier chez un dentiste dès l'âge de deux à trois ans et l'offre gratuite y relative au Luxembourg.

ad 3) Le Collège médical a été informé en date du 4 juillet 2022 du nouveau concept de prévention à appliquer et de la réorganisation prévue et n'a pas exprimé de remarques ou objections particulières quant au nouveau concept. À cet égard, il faut insister sur le fait qu'une évaluation de la faisabilité et de l'impact du nouveau concept de prévention est prévue au terme d'une première année scolaire, en été 2023, avant toute modification légale définitive. Le Collège médical sera évidemment tenu informé des résultats de cette évaluation.

ad 4) Cette réorganisation permettra justement de récolter au niveau national des données sur certains aspects de la santé bucco-dentaire des enfants (ces données faisant actuellement défaut) et permettra d'obtenir une image fidèle de la santé bucco-dentaire de nos enfants et d'évaluer à moyen terme l'efficacité du dépistage scolaire et de la promotion de la santé bucco-dentaire précoce. Le développement des caries dépend de nombreux facteurs, dont certains peuvent être prévenus ou évités. Comme de nombreux facteurs qui influencent la santé en générale, les facteurs de risque pour la santé bucco-dentaire sont inévitablement liés aux contextes socio-économiques, environnementaux et sociétaux au sens large, et leur étude

sera d'une grande importance pour orienter notre politique de santé future avec un objectif de réduire les inégalités sociales.

ad 5) Il n'y a à l'heure actuelle aucune analyse de ce type réalisée sur la population au Luxembourg, l'objectif étant d'en réaliser dès que des données fiables et standardisées seront disponibles au niveau national.

**Syndrome de La Havane** | Question **6681** (19/08/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

An de leschte Jore koum et bei US-Diplomaten am Ausland ëmmer erëm zu Fäll vum sougenannten Havanna-Syndrom. Heibäi handelt et sech ëm onspezifesch Symptomer ewéi Kappwéi oder Schwindel, déi laut Aschätzung vun den US-Geheimdëngschter gezielt duerch den Asaz vun elektromagnéitescher Strahlung ausgeléist gi sinn, wéi et an engem Artikel vum „Spiegel“ ze liese war.

Et ass an dem Zesummenhang, wou mir gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch, d'Madamm Justizministesch an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet wéi och un den Här Staatsminister stelle géifen:

1. Sinn der Regierung zënter der Question parlementaire N° 5796 vum 22. Februar 2022 Fäll vum Havanna-Syndrom bei Lëtzeburger Diplomaten am Ausland wéi och Residenten bekannt?

– Wa jo, wéi vill a wéi konnt de betraffene Persoun geholfen ginn?

2. Hunn d'Lëtzeburger Autoritéiten sech am selwechten Zäitraum scho mat Fäll vum Havanna-Syndrom befaasst?

– Wa jo, wéi oft a mat wat fir enge Konklusionen?

– Gouf et an deem Zesummenhang néi Erkenntnisser iwwert den Havanna-Syndrom?

3. Sinn der Regierung Fäll vun illegalem Asetze vun elektromagnéitescher Strahlung bekannt a wéi schätzt d'Regierung deen domadder verbundene Risk an?

**Réponse** (16/09/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. D'Regierung huet keng Kenntnis vun engem erwisene Fall, mee ee Bierger huet d'Regierung informéiert, eng Plainte an deem Kader deposéiert ze hunn.

ad 2. Ausser dem Fall am direkten Zesummenhang mat der Plainte huet sech keng Lëtzeburger Autoritéit mat konkrete Fäll befaasst.

ad 3. Der Regierung si keng Fäll vun illegalem Asetze vun elektromagnéitescher Strahlung bekannt.

**Sommet agricole** | Question **6682** (19/08/2022) de **Mme Martine Hansen** | **Mme Octavie Modert** (CSV)

Bedéngt duerch déi extrem héich Temperaturen dese Summer an déi duerch den Ukrainkrich ausgeléisten Turbulenzen op den internationalen Agrarmäert, si vill Bauerebetreiber hei am Land, wéi an Europa, mat Existenznëit konfrontéiert. Well d'Situatioun am Agrarsektor immens ugespaant ass an eng Léisung fonnt muss ginn, rífft d'Bauernallianz d'Regierung dozou op, am Hierscht en „Agrarsommet“ anzuberufen, fir schnellstméiglech Léisungen op déi aktuell Problemer ze fannen. D'Fuerderung no esou engem Agrarsommet konnt och vum President vun der Landwirtschaftskummer novollzu ginn, dee selwer nach eng Kéier betount, dass et immens wichteg

wier, am Kader vun engem Agrargipfel iwwert déi aktuell Problemer an der Landwirtschaft ze schwätzen.

An deem Zesammenhang géife mir gär folgend Froen un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung stellen:

1. Gedenkt den Här Minister, op d'Fuerderung vun der Bauerenallianz anzugehen an en Agrarsommet anzeberufen?

– Wa jo, wéini gedenkt den Här Minister e sougenannten Agrarsommet anzeberufen?

– Wann nee, mat wat fir enger Argumentatioun verzicht den Här Minister op en Agrargipfel?

2. Wéini gedenkt den Här Minister eng Decisioun ze huelen, ob Betriber, déi vun der extremer Hëtzt an Dréchent getraff sinn an Aboussen hunn, gehollef gëtt?

3. D'Nohaltegkeet steet am Vierdergrond vun der Agrarpolitik. Huet d'Regierung wëlle, d'Nohaltegkeet vun importéierte Liewensmëttel, déi ganz dacks laang Transportweeër hannert sech hunn, ze bewäerten?

– Wa jo, wéi?

– Wann nee, firwat net a wéi soll an deem Fall eng deloyal Konkurrenz verhënnert ginn?

**Réponse** (30/08/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Ech sinn oppe fir all Diskussiounen a begrëssen d'Iddi vun engem Agrarsommet; en Agrarsommet ass no der Recolte an Drauwelies bestëmmt dat richteg Instrument, fir kënne am Hierscht no all deene Sëtzungen an deem Joer mat allen Acteuren aus der Landwirtschaft an dem Wäin- a Gaardebau zesummen de Point ze maachen a fir iwwer Problemer, Idien a Projeten ze diskutieren.

ad 2. Den 22. Mäerz an den 30. Mee dëst Joer ware schonn zwee sougenannt „Kärendëscher“ mam ganze Secteur, fir iwwert déi jee weils aktuell Situatioun ze diskutieren an och entsprechend Mesuren ze decidieren. D'Konklusiounen sinn op dem Landwirtschaftsportal ënner folgendem Adresse festgehalen ginn:

<https://agriculture.public.lu/de/actualites/2022/mai-2022/echange-filiere-cerealiere.html>.

<https://agriculture.public.lu/de/actualites/2022/maerz-2022/claude-haagen-ecoute-secteur-agricole-crise-marches-agricoles-ukraine.html>.

Des Weideren ass deemools decidéiert ginn, dass een sech am September nach eemol gesäit, fir notament och iwwert d'Auswierkungen vun der Dréchent ze schwätzen. Als éischt gëllt et lo mol, d'Konklusiounen vun deem drëtten „Kärendëscher“ ofzemaachen.

ad 3. Et ass effektiv richteg, dass d'Nohaltegkeet ee vun den Haaptelementer vun der europäescher an nationaler Agrarpolitik ass. Dës Politicken erlaben et, eng ganz Rei vu Bäihëlfelefen ausbezuelen, fir déi ënnerschiddlech Produktiounsbedéngungen an Oplagen auszegläichen, ouni dass doduerch eng deloyal Konkurrenz entsteet soll. Am Kader vun nationaler strateegescher Plang fir d'Agrarpolitik sinn eng ganz Rei vun Agrarëmweltmoosnamen virgesinn, mat deenen déi méi héich national Nohaltegkeetsnorme kompenséiert ginn, esou dass ons Betriber kee Wettbewerbsnedeel am Verglach zu Importeuren sollen hunn.

Doriwwer eraus schénkt et mir wichteg ze sinn hei ze rappellieren, dass och Lëtzebuerg sech am Kader vum Gemeinsame Markt respektiv dem Aariichte vum fräie Bannemaart engagéiert huet, fir notament de fräie Wuerverkéier ze assurieren. Dat selwecht gëllt fir déi international Handels- a Kooperatiounsofkommenen.

Et bleift doropshinzuweisen, dass de Landwirtschaftsminister an deene leschte Jore ganz grouss Efforten ënnerholl huet, fir regional a saisonal Produkter ze promouvieren. Dëst ass sécherlech ee wichtegt Element, fir zu enger méi nohalteger Liewensmëttelproduktioun ze kommen.

**Tests génétiques effectués par le LNS | Question 6683** (19/08/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Den LNS bitt duerch säin „National Center of Genetics“ verschidde Servicer un, fir geneetesche Diagnostiken ze maachen an op verschidde Pathologien ze testen. Heifir gëtt de Patient/in vum Dokter un den LNS verwisen. Eisen Informatiounen no ginn et am Moment ganz laang Waardezäite beim LNS, wat esou Tester ugeet. Bis zu engem Joer kann et laut LNS momentan daueren.

An deem Zesammenhang wëllt ech der Ministesch fir Gesondheet dës Fro stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass d'Delaen effektiv bis zu engem Joer kënnen daueren?

2. Wéi vill dës Tester goufen an deene leschte fënnf Joer pro Joer ugefrot?

3. Patient ginn no Prioritéit behandelt. Esou gi prenatal Ënnersichungen méi séier gemaach, während aner Patienten als manner urgent ugesi ginn.

Kann d'Ministesch d'Krittären, no deenen dës Prioritéit festgehalen ginn, erklären?

4. Wéi vill Persounen schaffen momentan am National Center of Genetics, opgeléicht no Beruff?

5. Wéi vill Persounen misste laut Ministesch an deem Zenter schaffen, fir d'Delaen erofzeschrauwen? Wat fir Delaen hält d'Ministesch an deem Kontext fir vertretbar?

6. Wien decidéiert schlussendlech, ob dee vum Dokter ugefrote geneetesche Test vum LNS gemaach gëtt oder net?

7. Wéi vill Ufroer fir e geneetesche Test sinn an deene leschte fënnf Joer vum LNS refuséiert ginn?

8. No wéi enge Krittären gi verschidde geneetesche Tester vum LNS refuséiert?

**Réponse** (28/09/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

Geneetesche Tester ginn nëmmen a ganz spezifesch Fäll gemaach a si keng Standardtester. Ier e geneetesche Test duerchgefouert gëtt, ass et recommandéiert, als éischt eng geneetesche Berodung ze maachen. Dës Consultatioun ass e wichteg Bestanddeel vun enger geneetescher Ënnersuchung an och eng Voraussetzung fir eng grouss Zuel vu geneeteschen Analysen.

De spezialiséierten Dokter an der Humangenetik ass den Dokter, deen entscheet, wéi eng geneetesche Tester ze maache sinn, wann en Test verfügbar ass. D'Critère fir d'Bestëmmung vun der Indikatioun an d'Ausféierung vu geneeteschen Tester am Kader vun de medezinneschen Examen baséieren op nationalen an internationale professionnelle Richtlinnen a Recommendationen, souwéi op dem aktuellen Stand vun der Wëssenschaft an der Qualitätsrichtlinn fir Laboratoire. Dës Entscheedung gëtt an Ofspreech mam Dokter, deen sech ëm de Patient këmmert, gemaach an no der informéierter Zoustëmmung vum Patient, deen déi op Basis vun enger genauer Opklärung erdeelt.

D'Gamm vun Indikatiounen fir geneetesche Berodung ass breet. Heefeg Grënn fir mënschlech geneetesche

Berodung sinn ënner anerem de Verdacht op d'Presenz vun enger geneetescher Krankheet, Entwécklungsstéierungen a Malformatiounen bei Kanner, d'Klärung vu raren (onklaren) Krankheeten, d'Presenz vun enger geneetescher Krankheet an der Famill, en net erfëllte Wonsch, Kanner ze hunn, Anomalitéiten a Froe während der Schwangerschaft, oder fir e verstärkte Familjerisiko vu Kriibs ze klären.

Am LNS ginn déi fräi Rendez-vousen no Prioritéit kategoriséiert an den nächste fräie Rendez-vous gëtt no dem Prioritéitsniveau verginn. Fir dréngend Berodungen si speziell Berodungszäite reservéiert. Prinzipiell hëngt d'Prioritéit vum Grond vun der Consultatioun of. D'medezinnesch Equipe vum LNS mécht all Dag eng Iwwerprüfung a Ponderatioun no der Drénglechkeet vun allen neie Consultatiounsfroen.

Héchste Prioritéit (dréngend/dréngend Berodung) besteet bei Schwangerschaften, wou z. B. anormal Ultraschallbefunder oder anormal prenatal Tester (z. B. anormal Befunder bei net invasive prenatalen Tester (NIPT)) festgestallt gi sinn.

Eng héich Prioritéit besteet virun allem bei klineschen Biller mat méiglechen kausalen oder symptomateschen Therapieapprochen, z. B. bei Epilepsie an der Kandheet, Kanner mat Entwécklungsverspéidungen, besonnesch mat metaboleschen Krankheeten, oder bei enger diagnostescher, onkogeneetescher Ënnersuchung.

Normal Prioritéit besteet z. B. bei gesonden Mënschen, déi Rot siche bei enger geneetescher Krankheet an der Famill, fir de Risiko selwer am Liewenslaf ze klären.

D'Waardezäit vun der Aschreiwung fir d'geneetesche Berodung an den Dag vun der éischter Consultatioun fir e Berodungs-Rendez-vous hëngt vum Grond vun der Berodungskapazitéiten of. Am LNS sinn et am Moment am Duerchschnitt dräi Méint. Wann et zu Anomalien während der Schwangerschaft kënn, gëtt e Rendez-vous fir eng Consultatioun normalerweis bannent enger Woch gemaach. An net dréngende Fäll kann et awer méi wéi dräi Méint dauere bis zur éischter Consultatioun, a rare Fäll ass d'Waardezäit aktuell bis zu engem Joer. D'Hallschent vun de Fäll si bannent dräi Méint no der éischter Consultatioun ofgeschloss, inklusiv d'Kommunikatioun vum diagnostesche Resultat an d'Erstelle vum individueller Consultatiounsbrëf.

Déi gesamt Waardezäit fir d'Resultat vun engem geneeteschen Test besteet also aus verschiddene Waardezäiten: engersäits d'Waardezäit, fir eng Consultatioun ze kréien; op der anerer Säit d'Delaie vun de geneeteschen Tester selwer an dono d'medezinnesch Interpretatioun vun den Testresultater an hir Kommunikatioun an Erklärung duerch de behandelnden Dokter un de Patient.

D'Waardezäite fir d'Testresultat selwer hänke vun der Aart vum geneeteschen Test of. Ofhängeg vun der Komplexitéit kann e geneetesche Test e puer Aarbechtsdeeg bis e puer Méint daueren.

Generell stellt ee fest, datt d'Unzuel un Ufroen iwwer déi lescht Jore konstant geklommen ass. Dowéinst ginn d'Kapazitéiten beim LNS och weider ausgebaut, fir dës Demanden gerecht ze ginn.

Et gëtt keng systematesch Statistiken iwwer ugefrote geneetesche Tester, déi net duerchgefouert goufen, well se vum LNS refuséiert goufen.

Grënn, fir eng Demanden fir e geneetesche Test ze refusieren, kënnen ganz ënnerschiddlech sinn. Wann eng Prouf (z. B. Blut) vun engem Dokter mat Ufroer fir e geneetesche Test un den LNS geschéckt gëtt, gëtt fir d'éischt iwwerpréift, ob all Ufuerderunge fir



de geneetischen Test erfüllt sinn; ënnert anerem, ob d'Proufmateriale, dat erageschéckt gouf, géegent ass, ob d'Transportzäiten agehal goufen, ob all déi néideg Informatiounen an Dokumenter verfügbar sinn, ob d'Indikatioun adäquat ass an ob fir d'éischt eng geneetesche Berodung néideg ass. Wann d'Konditiounen, fir den Test duerchzuführen, net erfüllt sinn, gëtt den entsprecheenden externen Dokter informéiert an, wann néideg, gëtt neit Material oder weider Informatioun ugefrot.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

Insgesamt schaffen de Moment 51 Leit op 44,4 Vollzeitsposten (ETP) am National Center of Genetics (NCG).

Déi follgend Tabell gëtt déi aktuell Verdeelung vun de Personalkategorien am NCG un.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

## Agressions dans l'enseignement fondamental | Question 6684 (19/08/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Am September 2020 huet de Verband Bildung und Erziehung (VBE) an Däitschland d'Resultater vun enger Ëmfro zu Gewalt géint Schoulpersonal an däitsche Schoule presentéiert. 40 % vun de Schulleitungen a Grondschoulen hunn hei kierperlech Aggressiounen gégeniwwer dem Léierpersonal uginn. Dese Wäert huet par rapport zu der Ëmfro 2018 respektiv 2016 zougeholl. Laut VBE kéint dëst am Zesummenhang domat stoen, dass vill Kanner net wëssen, wéi ee mat Konfliktsituatiounen soll ëmgoen. Mee och Kanner kënnen Affer vu Gewalt an der Schoul ginn a wëssen net ëmmer, u wie se sech an dem Fall wende sollen.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir Bildung dës Froe stellen:

1. Huet de Minister Zuelen heiriwwer, wéi vill Fäll et am Fondamental an deene leschte 5 Joer gouf, wou eng Persoun vum Léierpersonal Affer vu Gewalt duerch Schüler gouf?
2. Huet de Minister Zuelen heiriwwer, wéi vill Fäll et am Fondamental an deene leschte 5 Joer gouf, wou ee Schüler Affer vu Gewalt duerch eng Persoun vum Léierpersonal gouf?
3. A wéi ville Fäll ass a béiden Szenarien d'Police ageschalt a Plainte deposéiert ginn?
4. U wie sollen sech d'Kanner am beschte wenden, wann si Affer vun esou Gewalt sollte ginn?
5. U wie sollen sech d'Enseignanten am beschte wenden, wann si Affer vun esou Gewalt sollte ginn?

**Réponse** (28/09/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. Henri Kox**, Ministère de la Sécurité intérieure

D'Unzuel vun de Schülerinnen a Schüler am Enseignement fondamental public klëmmt konstant; mëttlerweil sinn et der iwwer 54.000. Dank dem Engagement vum Schoulpersonal, dat duerch d'Regionaldirektiounen, d'Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (ESEB) an dem Centre de compétences pour le développement socio-émotionnel (CDSE) ënnerstëtzt gëtt, bleift d'Unzuel u Gewaltdoten marginal. Genau statistesch Donnéeën iwwer Gewalt an de Schoule sinn allerdéngs schwéier ze erfassen: Gewalt ass e vasten Term, well dorënner kann ee Verhalensstéierungen, Pathologien, ma och Delinquenz verstoen.

Virun allem bei de Kanner am Grondschulalter ass et dofir wichteg ze gesinn, datt Gewaltausbréch

meeschtens den Ausdrack vun enger psychologescher Detresse vum Kand sinn.

Déi eenzeg Donnéeën, déi bei der Police kënnen erfaasst ginn, sinn d'Unzuel vun de Plaiten, déi entgéintgehoill gi sinn, onofhängeg dovunner, ob et sech beim Plaignant ëm eng Schülerin oder e Schüler, e Member vum Léierpersonal oder eng aner Persoun gehandelt huet, an onofhängeg dovunner, ëm wéi eng Gewaltdot et sech gehandelt huet. An deem Zesummenhang léisst sech d'Unzuel vun de Gewaltdoten an der Schoul tëscht 2018 an 2021, déi vun der Police erfaasst goufen, follgendermoosse resüméieren:

*(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

Onofhängeg vun den Instanzen am Enseignement kënnen all Affer vu Gewalt (Infractions) sech selbstverständlech zu all Moment un d'Police wenden.

Och wann d'Unzuel vun de Gewaltdote weiderhi begrenzt ass an et sech ëm Enzelfäll handelt, ginn dës all eenzel eescht geholl. D'Sécherheet vum betraffene Kand, senge Matschüler an dem Léierpersonal stinn heibäi am Mëttelpunkt, mee och en adequate psychosozialen Encadrement vum Kand muss assuréiert ginn.

Dofir gouf an der leschter grad wéi an dëser Legislaturperiod reagéiert mat:

- enger personeller Opstockung vun den ambulante Services vun de Schoulen;
- der Schafung vum Centre de compétences pour le développement socio-émotionnel (CDSE); an
- der Schafung vu Centres socio-thérapeutiques.

Um lokalen a regionale Plang intervenéieren an de Lëtzebuurger Grondschoulen Educateur-gradués an d'Instituteurs spécialisés dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (I-EBS), déi fir all d'Kanner eng wichteg Bezugspersoun duerstellen an un déi si sech, niert hirem Titulaire, zu all Moment kënnen wenden. Um regionale Plang kënnen d'Équipe pédagogique oder d'Elteren un d'ESEB eruntriieden, wann d'Mesuren, déi vun der Schoul an an der Schoul organiséiert goufen, hira Aschätzung no net wäit genuch ginn. Zousätzlech ass och déi jeeeweils zoustänneg Regionaldirektioun ëmmer een Uspriechspartner an dëst esouwuel fir d'Elteren ewéi och fir d'Schoulpersonal.

Fir d'Gewaltdoten am Enseignement fondamental esouwäit wéi méiglech ze verhënneren a beschtméiglech reagéieren ze kënnen, huet den Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN) jeeeweils zwee Memberen aus der ESEB vun all Regionaldirektioun eng Formation mam Titel „Ausbildung zum/zur Deeskalationstrainer/-in nach ProDeMa® für den Kind- und Jugendbereich“ ugebueden. Dës Agente gëllen als Multiplicateurs, well si d'Kompetenzen, déi si an dëser Formation entwéckelt hunn, net nëmme selwer uwenden, mee och un hir Kollege weiderginn hunn a ginn. D'Participanten vun der Formation hunn eng Panoplie u Strategië kenne geléiert, déi hinne bei der Bewältigung vu Konfliktsituatiounen an der Schoul hëllef kënnen. Ausserdeem hu si geléiert, wéi si d'Léierpersonal bei der Betreierung vu Schülerinnen a Schüler mat Verhalensopfällegekeete kënnen ënnerstëtzen a wéi si duerch d'Entwécklung vu Konfliktléisungsméiglechkeete Gewalt kënnen prevenéieren.

Zousätzlech bitt den IFEN reegelméisseg geziilt Formatiounen<sup>8</sup> un, déi d'Enseignanten an d'Membere vun der ESEB outilléieren, fir am Fall vu Gewalt an der Schoul léisungsorientéiert ze reagéieren. Zu der diversifizierter Formatiounsoffer vum IFEN zielen och

d'Supervisiounen, déi et den Enseignanten erlaben, fir d'Prise en charge vun de Schüler ze optimiséieren.

Nieft dëser Formatiounsoffer fir d'Schoulpersonal gesäit och de Plan d'études ënnert anerem am Beräich vun den transversale Kompetenzen vir, datt den Enseignant am Kader vu sengem Unterrecht d'Kompetenz bei de Schülerinnen a Schüler entwéckelt, fir datt si léieren nozelauscheren, en Dialog ze féieren an ze verhandelen. Dës sinn alles weesentlech Elementer fir eng effikass Gewaltverhënnerung.

Des Weideren ënnerstëtzt de Ministère fir Education, Kanner a Jugend (MENJE) och Projete wéi ënnert anerem „Stop Mobbing“, „Peace Force“ oder „BEE SECURE“. De Kontakt mat de Persounen, déi am Kader vun dëse Projete matwierken, erlaabt et den Enseignanten, nei Pisten ze degagéieren, fir am Fall vu Gewalt an der Schoul effikass ze reagéieren. Och sinn am Kader vu Projeten op Ufro vun der Schoul hin direkt Interventiounen an der Klass virgesinn, fir datt eenzel Problematiken vun héich spezialiséiertem Personal kënnen ugepaakt a geléist ginn.

Doriwwer eraus huet den Office national de l'enfance (ONE) d'Méiglechkeet, iwwert seng Prestataire Mesuren zur Betreierung vu Kanner, déi Affer vu Gewalt waren, unzibidden, sief et duerch eng Decisioun vum Riichter oder op Ufro vun den Eltere respektiv dem Jugendlechen. Extern spezialiséiert Services, déi net Prestataire vum ONE sinn, bidden och therapeutesch Behandlungen un, déi direkt iwwert den ONE kënnen ugefuerdert ginn.

De MENJE an d'Direktiounen engagéieren sech sou vill wéi nëmme méiglech, fir d'Schoulen an d'Léierpersonal an dëse Situatiounen ze ënnerstëtzen. D'Prioritéit muss sinn, jiddereen an esou engem Ament ze schützen, Matschüler a Léierpersonal, ma och de betraffene Schüler oder déi betraffe Schülerin virun sech selwer.

## Bataillon de reconnaissance de combat | Question 6685 (19/08/2022) de Mme Diane Adehm | M. Jean-Marie Halsdorf (CSV)

Den 31. August 2021 um belsch-lëtzebuergesche Sommet „Gäichel XI“, hu béid Regierungen festgehalten, e belsch-lëtzebuergesche Bataillon de reconnaissance de combat an d'Liewen ze ruffen, dee bis 2028 stoe soll.

An deem Zesummenhang géife mir gär follgend Froen un den Här Verdeedegungsminister stellen:

- Kann den Här Minister ons eng genee Opléschung vun den Depensé virleeën, déi am Kader vum uewe genannte binationale Bataillon scho getätet goufen?
- Wéi eng Depensé goufe scho konkret engagéiert, respektiv mussen nach engagéiert ginn, fir dass de Bataillon operationell gëtt?
- Wéi eng Depensé si laangfristeg pro Joer virgesinn, fir de belsch-lëtzebuergesche Bataillon um Lafen ze halen?

**Réponse** (06/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministère de la Défense

Dee binationale Bataillon ass en Objektiv, dat Lëtzebuerg an d'Belsch vun der NATO operluecht kritt hunn an dat genau an d'Kärgeschäft vun der Arméi passt. Dëst Objektiv bréngt mat sech, dass d'Ausrüstung vun der Arméi vu Combat Reconnaissance light op Combat Reconnaissance medium wiesselt. Dësen neie Bataillon wäert och méi schwéier Waffen an domat aner Munitioun kréien. D'Opbau vum engem Munitiounsstock, wou et och Virgabe vun der NATO gëtt, wäert e grouse Käschtefacteur duerstellen.

<sup>8</sup> Z. B., „Herausfordernde Situationen in der Klasse. Was tun? Ausbildung im konfrontativen Stil“

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 6527 erklärt, wäert de Bataillon aus 4 operationelle Kompanië bestoen, 2 belschen an 2 Lëtzebuergeschen. Aktuell ass geplangt dass just eng Lëtzebuergesch Kompanie an der Belsch stationéiert wäert ginn. Déi aner wäert zu Dikrech bleiwen. D'Lëtzebuergesch Kompanie vum Bataillon si feste Bestanddeel vum der Lëtzeburger Arméi. D'Kompanie um Härebiërg wäert och fir national Missioune zur Verfügung stoen. Et ass also och esou, dass bal alles, wat d'Arméi elo an och an Zukunft mécht, an enger gewësser Form och dem binationalen Bataillon zeguttomme wäert. Deemno ass et an der Praxis net méiglech, d'Dependé vum dem Bataillon ze isoléieren. Bis elo goufen och nach keng direkt Dependé getätet.

Momentan ass een extra opgestallte binationalen Aarbechtsgrupp domat beschäftegt, fir op Basis vum der Methodologie DOTMLPFI-B (Doctrine, Organisation, Training and Education, Material, Leadership, Personnel, Facilities, Interoperability – Budget) d'Modalitéite vum deem neie Bataillon auszeschaffen. An allen Domäne ginn et Pisten an Iddien, mee et ass awer nach näischt decidéiert. D'Zil ass, fir virum Summer 2023 d'Eckdaten ze hunn. Dës Etüd wäert ech dee Moment selbstverständlech an der zoustänneger Chamberskommissioun virstellen.

**Perspectives pour l'agriculture au Luxembourg |**  
Question 6686 (19/08/2022) de **M. André Bauler |**  
**M. Gusty Graas (DP)**

E Verrieder vum enger Baueregewerkschaft huet rezent drop higewisen, datt mëttel- a laangfristeg driwwer nogeduecht misst ginn, wéi eng Kulturen an Zukunft am Grand-Duché sollen ugebaut ginn a wat fir eng manner, well mer mat engem Klimawandel konfrontéiert ginn.

Dës Ausso ass begrëssenswäert, well se zum Handeln opfuert an eng Ëmstellung verlaangt, fir datt sech eis Landwirtschaft der gigantescher Erausforderung vum der Klimakris beschtméiglech stelle kann.

An deem Zesummenhang wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Gëtt et de Moment schonn am Landwirtschaftsministerium, iwwer dee vun enger Baueregewerkschaft revendiquéierten Agrarsommet eraus, eng Klima-Task-Force, déi zesumme mam Secteur no längerfristige Léisunge sicht?

2. Wa jo, wéi ass dës Grupp organiséiert a wat sinn déi éischt Konklusiounen, déi scho gezu gi sinn? Wat wieren déi zukünfteg Aarbechten, déi kuerzfristig entaméiert misste ginn?

3. Opgrond vum Fuddermangel an eenzele Branché vum der Landwirtschaft, gesäit den Här Minister d'Gefor, datt dës Wanter scho Véi muss ofgebaut ginn, well et ze deier mam Fiddere gëtt?

4. Wat fir Kulture sollten an Zukunft hei zu Lëtzebuerg besonnesch gefërdert ginn, fir besser duerch d'Klimakris ze kommen? Wat sinn an deem Kontext d'Perspektive vun eiser Landwirtschaft?

**Réponse (20/09/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

ad 1. Op Basis vum Lëtzeburger Klimagesetz (Loi modifiée du 15 décembre 2020 relative au climat) si folgend Gremie vum der Regierung en place gesat ginn:

- Comité interministériel pour l'action climat
- Plateforme pour l'action climat et la transition énergétique
- Observatoire de la politique climatique

De Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung ass am Comité interministériel vertrueden an eng intern Consultatioun vum den Diskussiounen an deem Comité fënnt am Ministère statt.

Weiderhin huet de Regierungsrat den Här Dr. Andrew Ferrone als Member vum Observatoire de la politique climatique (OPC) nominéiert an d'Membre vum OPC hunn den Här Ferrone als hire President designéiert. Den Här Ferrone leet de Service fir Meteorologie bei der Verwaltung fir technesch Servicer vum der Landwirtschaft (Administration des services techniques de l'agriculture, ASTA).

Finalement wollte mir och nach dorop hiweisen, dass Regierungsmemberen och Verrieder vum dem landwirtschaftleche Secteur zweemol op e Klimadësch – Landwirtschaft invitéiert hunn:

– Den éischte war den 9. März 2020 am Sennenger Schloss, op Invitatioun vum Staatsminister an dem Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an an der Presenz vum der Ministerin fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Energie a Landesplanung.

– Den zweete war den 11. Oktober 2021, am Kader vum der éischter Lëtzeburger Klima-Expo, an op Invitatioun vum der Ministerin fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, dem Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an dem Minister fir Energie a Landesplanung.

Den zweete Klimadësch war vum engem Austausch op Niveau vu Staatsbeamte vum den dräi concernéierte Ministeren a Verrieder aus dem landwirtschaftleche Secteur suivéiert ginn, fir verschidde méi technesch Sujeten ze verdéiwen.

ad 2. Am Kader vum integréierten nationalen Energie- a Klimaplang fir den Zäitraum 2021–2030 huet sech Regierung folgend Aktiounspunkte ginn, fir d'Emissiounen zu Zäregasen an der Landwirtschaft erfzesetzen. Hei en Iwwerbléck iwwer déi Haaptpunkten, déi an der Landwirtschaft virgesi sinn an un därer Ëmsetzung geschafft gëtt:

Eng éischt Grupp vu Moosnamen sollen d'Reduktioun vum der Benetzung vu Stickstoffdünger an, lokal, an e puer Fäll souguer de Verzicht op Stickstoffdünger fërderen. Dës Moosnamen enthalten Agrar-Ëmweltmoosnamen, déi am Kader vum der Gemeinsamer Landwirtschaftspolitik vum der EU (CAP) définéiert sinn.

Eng zweet Grupp vu Mesurë betrëfft d'Applikatioun vum organeschen Dünger a Mineraldünger. Dës ginn am Kader vum der landwirtschaftlechen Ëmweltmoosnamen an der NEC-Direktiv ëmgusat, a féieren zu enger Reduktioun vum den Zäregasemissiounen.

D'Energiequell Biogas wäert am Sënn vum der Kreeslafwirtschaft weider gefërdert ginn. Hei sollen organesch Dünger vum Déiere prioritär a Biogasanlage benotzt ginn, fir gläichzäiteg d'Emissiounen vum Methan ze reduzéieren.

Eng Rei Moosnamen am Kader vum der landwirtschaftleche Ëmweltmoosnamen wäerten zu enger Extensifikatioun vum landwirtschaftleche Grondverbrauch féieren, besonnesch a sensibele Beräicher. Ausserdeem gesäit de Koalitionsaccord fest, datt d'Bio-Landwirtschaft bis 2025 op d'mannst 20 % vum der landwirtschaftlecher Notzfäch erreecht (an 100 % bis 2050), wat zu enger Extensifikatioun vum der Landwirtschaft bäidréit.

Eng Weiderentwécklung vum der Berodung wéi och d'Diversifikatioun vum den ugebuede Berodungsmoduler, déi eng klimafrëndlech a resistent Landwirtschaft promovéieren, ass eng weider Moosnam, déi zur Reduktioun vum de GHG-Emissiounen bäidroen wäert.

D'Vermeide vu Liewensmëttelverschwendung mécht och en entscheidende Bäitrag zur Reduzéierung vum Emissiounen. D'Campagne „Antigaspi“ muss weidergefouert a verstärkt ginn, fir Verschwendung laanscht déi ganz Liewensmëttelketten ze vermeiden.

Nieft dem Bësch bitt de Landwirtschaftssektor d'Méiglechkeet CO<sub>2</sub> aus der Atmosphär ze bannen. Fir d'Bildung vum Humus als Kuelestoffspeicher méi cibléiert ze fërderen, ginn an engem Fuersuchungsprojet déi néideg Richtlinnen ausgeschafft. An deem Beräich sinn och eng Réi landwirtschaftlech Ëmweltmoosname virgesinn, déi Kuelestoff hëllefen ze bannen. Och d'Agroforstwirtschaft bitt an deem Kontext e Potenzial.

D'Landwirtschaft ass awer net nëmme vum der Reduktioun vum den Zäregase betraff, mee muss sech doriwwer eraus och un de Klimawandel upassen. An deem Kontext huet d'Regierung 2018 eng Strategie an en Aktionsplang ugeholl, ewéi d'Adaptatioun un Auswierkunge vum Klimawandel zu Lëtzebuerg fir d'Period 2018–2023 soll gemaach ginn. Dës Strategie huet ënner anerem d'Drécheperioden als ee vun de groussen Impakter fir de landwirtschaftleche Secteur identifiziéiert. An deem Kontext ass den Ubau vum neien Aarten an Zorten, déi méi resistent géint d'Dréchent sinn, als de beschte Wee identifiziéiert ginn, fir dass d'Landwirtschaft sech un d'Veerännerung kann upassen. Zu Lëtzebuerg ginn op de Versuchsfelder vum der Administration des services techniques de l'agriculture (ASTA), dem Lycée technique agricole (LTA) an dem Institut fir biologesch Landwirtschaft an Agrarkultur (IBLA) alljoers an deem Beräich regional Zorteversech ugeluecht.

Bauere kréien des Weidere recommandéiert, d'Gamm vu Kulturen auszebauen an d'Rotatioun an d'Buedembearbeitung unzepassen.

All dës Moosname reduzéieren d'Auswierkunge vum den Dréchenten, déi duerch de Klimawandel wäerten zouhuelen, awer erlaube leider net ganz, den Niveau vum de Recolten ze errechen, déi ee géif kréien, wa kee Waasserdefizit do wier.

Weider Mesuren aus deem Strategie- an Aktionsplang, fir d'Landwirtschaft un de Klimawandel unzepassen, betreffen de Monitoring an d'Kontrolle vu Schädlingen a Krankheeten, déi déi landwirtschaftlech Kulture betreffen.

Et sief drun erënnert, datt de Landwirtschaftsministère och schonns zënter Jore finanziell Ënnerstëtzen ausbezitt fir landwirtschaftlech Betriber, déi eng Mehrgfahrenversécherung ofschléissen an sech sou géint klimabedengten Ernteausschlag ofsécheren.

ad 3. Et ass eng Tatsaach, datt et dëst Joer souwuel bei der Produktioun vu Grondfudder op de Wäsen a Weeden, ewéi och bei der Silomaisproduktioun, zolidd Ertragsenbußen hei zu Lëtzebuerg wéinst der Dréchent gouf. Ob awer dowéinst am Wanter elo muss, de maniere générale, Véi ofgebaut ginn, ass am Moment schwéier virauszegessinn.

ad 4. Et gëtt eng Rei vum dréchteresistente Kulturen, déi och zu Lëtzebuerg schonns ugebaut ginn: Sorghum (*Sorghum bicolor*), Sonnenblumen (*Helianthus annuus*), Lisère (*Medicago sativa*) Hirsearten (*Panicum*) an och eng Rei Futtergrieser.

D'Landwirtschaft muss an Zukunft an hiren Ubaupraxis nach méi flexibel ginn. Dat heescht: eng méi grouss Rotatioun vum de Kulturen, an och den Ubau vu méi verschidde Kulturen, fir datt de Risiko vum Ertrags- a Qualitätsverloschter duerch virun allem Dréchent, mee och extreeme Nidderschläi op méi Kulturen opgedeelt gëtt. Hei gëtt zum Beispill de Fruchtfolgeprogramm vum Landwirtschaftsministère



finanziert, fir eng gewëssen Anbaudiversifizierung ze schafen.

Zousätzlech ginn och nach Programmer mat reduzéierter Buedembaarbechtung gefërdert, zum Beispill de Mulchsaatprogramm. Zil vum Programm ass et, den Erosionsrisiko ze miniméieren. Donieft gëtt duerch manner Buedembeweeegung manner Buedemwaasser verluer.

Et lafen och Projeten, fir méi dréchenttolerant Kulturen hei am Land ze testen. Sou zum Beispill Sorghumhirse, eng Planz aus dem mediterrane Klima, déi natierlech vill méi héich Uspréck un Temperatur huet ewéi Weess oder Mais.

Perspektive vun eiser Landwirtschaft am Kontext vum der Klimakris sinn: d'Erweiterung vun de Rotatiounen, fir méi divers opgestallt ze sinn, och den Ubau vun neie méi dréchenttolerante Kulturen. Am Fall vu méi Evenementer mat Virsummerdréchent ass et Zil, d'Wanterflichtegkeet am Buedem besser auszunutzen, dat heescht, beim Ubau vu Summerkulture mat minimaler Buedembaarbechtung, fir de Maximum u Buedemwaasser ze konservéieren. Am Allgemenge gëllt natierlech och den Ubau vun Zorten, déi hei am Land an Zorteversich gepréift ginn an duerch hir Resultater recommandéiert ginn.

#### Primes vélo | Question 6687 (19/08/2022) de M. Marc Lies (CSV)

D'Regierung setzt bekanntlech verstärkt op déi douce Mobilitéit an den ëffentlechen Transport, wat ze begrëssen ass. Am Kader vun der Pandemie a besonnesch dem Lockdown sinn d'Leit méi trëppele gaangen an hunn och mam Vélo d'Natur exploréiert.

Während der Pandemie huet d'Uschafe vun engem Vélo doduerch richteg geboomt. De Subsid bei der Uschafung huet natierlech och dozou bäigedroen, datt nach méi Leit sech fir e Vélo entscheet hunn. Bei der Liwwerung vu Vélo sinn doduerch och Enkpäss entstanden. A vill Leit, déi sech virun 18 Méint e Vélo kaaft hunn, hunn de staatleche Subsid nach ëmmer net ausbezuelet kritt.

An deem Kontext wëllt ech folgend Froen un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung stellen:

1. Wou ass de Ministère mam Ausbezuale vun de Subside fir de Kaf vun engem Véloaktuell zäitlech drun?
2. Wéi vill Méint leie maximal a minimal tëscht dem Agangsdatum vun der Demande an dem Iwwerweise vum Subsid?
3. Wouru läit et, dass den accumuléierte Retard nach ëmmer net opgeschafft ass?
4. Wéi eng weider Mesure gedenkt d'Madamm Minister en place ze setzen, fir dass d'Leit hire Subsid zäitno ausbezuelet kënne kréien?

**Réponse** (28/09/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. D'Ëmweltverwaltung (AEV) ass aktuell am Gang, déi Dossieren ze prüwen, déi Enn Abrëll 2021 erakomm sinn. Nom Préiwe ginn déi konform Dossieren ausbezuelet, aktuell sinn déi Dossieren, déi Enn Mäerz 2021 erakomm sinn, an där Phas vum Prozess.

ad 2. Aktuell läit den Delai fir eng Demande, déi direkt komplett war, bei ongeféier 16 Méint tëscht dem Agangsdatum an dem Ausbezuelen. De maximalen Delai tëscht dem Agangsdatum an der Iwwerweisung ass domat fir eng Demande, déi direkt komplett war, aktuell erreecht. Heibäi handelt et sech ëm Demanden, déi am Mäerz 2021 erakomm sinn.

De minimalen Delai fir Demanden, déi direkt komplett waren, lounge bei ënnert engem Mount. Dëst wor de Fall bei Demanden, déi am Abrëll 2019 erakomm sinn.

ad 3. d'Velosprimmen an och aner Subventionen hunn am Kader vun der Pandemie an och elo am Kader vun den héijen Energiepräisser een immense Succès. Eng héich Zuel un Demanden (Vëloen, elektresch Vëloen, Autoen, Camionnetten, Camionen) sinn zanter dem spéide Fréijoer 2020 erakomm, mat enger zweeter Well am Fréijoer 2021 an enger drëtter Well am Fréijoer 2022.

D'Ressourcen, iwwert déi d'AEV deen Ament verfügt huet, hunn et net erméiglecht, esou een aussergewöhnleche Volume un Ufroen ze traitéieren. Fir d'Situatioun temporär ze verbesseren, huet d'AEV Agenten aus anere Servicer an de Service Aides finanziéieren affektéiert an zousätzlech Personal iwwert de Wee vun der ADEM op Basis vun temporaire OTI-Kontrakter agestellt. All dës Moossnamen hunn et erméiglecht, d'Zuel vun den Dossieren, déi ausbezuelet konnte ginn, kuerzfristeg an d'Luucht ze setzen.

Speziell d'Opschaffe vun der Well vum Fréijoer 2021 huet bis elo vill Zäit an Usproch geholl, wat mat sech bruecht huet, datt d'Delaie méi laang gi sinn. Effektiv kënnen elo réischt d'Dossieren vun deene Leit traitéiert ginn, déi méi zum Schluss vun dëser Well hir Demande gemaach hunn. D'Beaarbechtungszeiten hunn awer aktuell eng Tendenz no ënnen.

ad 4. Fir déi Dossieren kënnen zäitno ze beaarbechten, muss dee Service vun der AEV weider renforcéiert ginn. De Ministère beméit sech scho méi laang, weider Poste fir dee Service accordéiert ze kréien; den zousätzleche Besoin ass awer nach ëmmer héich. D'AEV ass aktuell am Gang, weider Personal ze recrutéieren, des Weidere gi kontinuierlech Upassungen vun den Ofleef bei all de Subsideregimenter gemaach, fir hir Bearbechtungszeit ze reduzéieren.

#### Hausse du prix du gaz naturel | Question 6688 (19/08/2022) de M. Gilles Roth | Mme Martine Hansen | M. Marc Lies (CSV)

Laut de Fournisseuren sollen d'Gaspräisser zu Lëtzebuerg den Hierscht bekanntlech ëm 80 % an d'Luucht goen. Den Impakt op déi entsprecheend zukünfteg Rechnung fir Privatleit a Betriber wäert substanzuell sinn.

Am Kader vum Spuerpak vun 2014 war de reduzéierten TVA-Taux fir bestëmmte Produiten, dorënner och de Gas, ëm zwee Prozentpunkte vu 6 op 8 % an d'Luucht gesat ginn – mat Effet op den 1. Januar 2015. Deen Taux ass hei am Land zanterhier onverännert. A wann de Gaspräis an d'Luucht geet, ginn och d'TVA-Recetten erop.

An aneren europäesche Länner gi weider Decisiounen am Interessi vu Leit a Betriber geholl, fir hir finanziell Belaaschtung ze reduzéieren.

An deem Kontext wëllt mir folgend Froen un d'Madamm Minister fir Finanzen an un den Här Minister fir Energie stellen:

– Wéi eng Moossname gedenkt d'Regierung ze huelen, fir den Impakt vun der annoncierter Präisexplosioun beim Gas op de Budget vu Privatleit a Betriber sou kleng wéi méiglech ze halen?

– Wëssend, dass den europäesche Minimaltaux bei 5 % läit, ass d'Regierung gewëllt, de Spillraum beim reduzéierten TVA-Taux am Interessi vu Privatleit a Betriber auszunutzen?

- Wa jo, wéi vill Prozentpunkten ass d'Regierung bereet, beim Taux erfzegen?
- Wann net, firwat net?

**Réponse** (28/09/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

D'Regierung huet sech zesumme mat den dräi Gewerkschaften OGB-L, LCGB a CGFP souwéi dem Patronat den 20. September 2022 op en histoireschen Tripartite-Accord geeenegt, fir de Problem vun der Inflation unzepaken. Dëst gëtt doduerch erreecht, datt eventuell Haussé bei den Energiepräisser konsequent ofgebremst ginn.

D'Haussé vun de Gaspräisser wäerten op e Maximum vu 15 % par rapport zum 30. September 2022 ofgebremst ginn. Fir de Stéit ze hëllefen, déi net mat Gas heizen, geet d'Hëllef op 15 Cent pro Liter fir déi Leit erop, déi mat Masutt heizen. Effektiv soll d'Subvention vum Masutt bis den 31. Dezember 2023 verlängert ginn, an am Plaz vu 7,5 Cent pro Liter wäert de Staat ab November 2022 15 Cent pro Liter bäileien. D'Elektreschpräisser wäerten op de Präis vum 30. September 2022 ofgebremst ginn an e ganze Pak vu Mesuren, fir d'energetesch Transition ze acceleréieren, op de Wee bruecht ginn.

Donieft gëtt eng Mesure, fir d'Präischausse bei de Pellets ofzefederen, ausgeschafft.

Zousätzlech ginn d'TVA-Tauxen erfzegt. Den normalen Taux vu 17 % gëtt vum 1. Januar 2023 un op 16 % erfzegt, den Taux intermédiaire gëtt vu 15 % op 14 % erfzegt an den Taux réduit geet vun 8 % op 7 % erfzegt. Ënner de leschten Taux fale jo och notament eng Rei Energieprodukte wéi de Gas an de Strom.

Mat all dëse Mesurë gëtt der Inflation de Wand aus de Seegele geholl.

#### Protection des données dans le cadre de « Google Street View » au Luxembourg | Question 6690 (19/08/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Wéi d'„Lëtzebuerger Wort“ den 19. August mellt, ass Google am Gang, d'Billen fir hir Google Street View ze aktualiséieren. Esou wäerten dann erëm d'Autos mat Kameraen duerch all eis Stroossen ënnerwee sinn. Dat féiert dann dozou, dass d'Fassaden, d'Hausnummere vun den Haiser grad ewéi Mënsche gefilmt wäerte ginn. Eréischt nodeems d'Billen vu Google publizéiert ginn, kann een dann ufroen, fir dass engem säin Terrain, Haus oder ee selwer onkenntlech gemaach ginn.

An deem Zusammenhang wëllt ech de Ministere fir Digitalisatioun, bannenzeg Sécherheet a Justiz dës Fro stellen:

1. Wéi stinn d'Ministernen zu enger Verschäerfung vum Datschutzgesetz dohingoend, dass den Opt-out virum Filmen a Verëffentleche vun de Billen soll geschéien?
2. Wat réit de Minister de Biergerinnen a Bierger, fir hir Privatsphär an dësem Fall ze schützen?
3. Ass et an der Vergaangenheet virkum, dass d'Billen vun den TechGiganten hei am Land genotzt goufen, fir Verëffentleche ze begoen? Zum Beispill am Fall vun engem Abroch, Déifstal oder Sonstegem?

**Réponse** (16/09/2022) de **M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. D'Opname vu Billen fir Servicer wéi Google Street View mussen a Konformitéit mat den Dispositione

vum europäeschen Dateschutzreglement<sup>9</sup> („RGPD“) gemaach ginn. Den RGPD, dee säit dem 25. Mee 2018 an allen EU-Memberstaaten a Kraaft ass, ass als technologesch neutral konzipéiert ginn, andeems en op allgemenge Prinzippien baséiert, éischter wéi spezifesch Technologien. Dëst erlaabt et dem RGPD, all nei Technologien ze couvréieren, fir déi déi selwecht allgemeng Prinzippien gëllen.

Deemno mussen beispillsweis Gesichter a Plackennummere virun der Verëffentlechung automatesch verpixelt ginn an d'Bevëlkerung muss am Viraus iwwer d'Opnamen informéiert ginn. Am Fall wou déi automatesch Verpixelung net stattfonnt huet oder falls eng méi prononcéiert Verpixelung erwënscht ass, huet no der Verëffentlechung all Persoun d'Méiglechkeet, hiren „droit d'opposition“ ze exercéieren.

Fir weider Detailer ass den honorabelen Deputéierten gebieden, sech op d'Äntwert op d'Fro N° 3 vum 31. Oktober 2018 ze referéieren.

ad 2. Wéi d'Dateschutzkommissioun („CNPD“) an engem Communiqué<sup>10</sup> vum 6. Juli 2022 erkläert, kann d'Verpixelung vun engem spezifesch Bild bei Google ugefrot ginn. D'Prozedur dozou gëtt an dem genannte Communiqué beschriwwen.

ad 3. Et kann een dovun ausgoen, dass d'Bildmaterial, dat um Internet fräi accessibel ass, wéi zum Beispill Satellitbilder, Stroossenansichten, Fotoen op de soziale Reseauen, och fir kriminell Zwecker benotzt gëtt. D'Consultation vun esou Donnéeën hannerléisst awer och digital Spueren, déi schonn méi oft gehollef hunn, fir Strofdoeten opzeglären.

D'Justizautoritéiten verfügen awer net iwwer Statistiken, ob e Bild vun den TechGiganten genotzt gouf, fir Verbrieche ze begoen.

#### Nouveau tracé du tram dans l'avenue de la Porte-Neuve | Question 6693 (22/08/2022) de M. Roy Reding | M. Fred Keup (ADR)

Wéi een am Nationale Mobilitéitsplang 2035 noliese kann, soll d'Tramsnetz an der Stad Lëtzebuerg via Neipuertsgaass, Royal Hamilius, Stäreplaz an Areler Strooss un de Centre Hospitalier ugeboune ginn. An deem Zesummenhang ass virgesinn, an der Neipuertsgaass, an zwar laanscht d'Kinneksweiss, Beem ofzeholzen, fir Plaz fir déi nei Tramstrass ze maachen, ouni dobäi déi bestoend Trassen (Foussgänger, Vëlofuerer, Bussen an Autoen) ze tangéieren. Dese Projet huet net nëmme fir Onrou bei enger Naturschutzorganisatioun gesuergt, déi kritiséiert, dass duerch déi nei Tramstrass an der Neipuertsgaass Beem ofgeholzt ginn, déi eng wichteg Roll beim Erosionsschutz vun der Stad spillen a verschidde protegéiert Vullenaarten a Flantermas abritéieren, mee och bei der Vereenegung vun de Frënn vun der Festungsgeschicht, déi drop hiweisen, dass duerch d'Bauaarbechten an der Neipuertsgaass eventuell Deeler vu Festungsanlagen zerstéiert géifen, déi zum Deel just ee Meter ënnert der Äerd leien.

An deem Zesummenhang hu mir folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister:

1. Kann den Här Minister preziséieren, ob no Léisung gesicht gëtt, wéi een am Hibleck op d'Bauaarbechten an der Neipuertsgaass verhënnere kann,

datt wäertvolle Liewensraum vu geschützten urbane Vullenaarten zerstéiert gëtt?

2. Gëtt säitens dem Ministère un engem Konzept geschafft, wéi ee verhënnere kann, dass am Hibleck op déi genannt Bauaarbechten Deeler vun de Festungsanlagen zerstéiert ginn? Wa jo, wéi gesäit dat Konzept aus?

**Réponse (25/08/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

An deem Zesummenhang ass et wichteg ze betounen, dass et nach keen definitiven Tracé gëtt a mer am Moment an de Viretudé sinn. Et gëtt am Moment eng komparativ Analys gemaach vu ville Varianten, fir erauszefannen, wéi eng déi bescht ass. Et ass am deem Kontext deemno och falsch ze soen, dass virgesinn ass, Beem ofzeholzen, déi bestoend Trasse just ze tangéieren oder Deeler vun der Festungsanlage ze zerstéieren.

D'Equipe vu Luxtram hunn an der Vergaangenheet schonn oft bewisen, dass si och op sensibelen Trassen eng méi schéi Stad hannerlooss hu wéi se virum Tram war an dass eng Mobilitéitsoffer verbesseren an am selwechten Otemzuch eng Stad begréngen net am Widdersproch stinn. Och mat wichtegen archeologeschen Entdeckungen wéi beispillsweis der Glaciskapell ass een exemplaresch virgaangen an de Bau vun Tram huet et erlaabt, dass Historiker an Archeologen elo méi iwwer eis Stad wëssen, wéi nach virum Bau vun Tram.

D'Neipuertsgaass wäert keng Ausnam ginn a mam selwechten État d'esprit ëmgeplangt an ëmgebaut ginn wéi d'Tramslinn, déi elo schonn a Betrib ass. D'Neipuertsgaass an d'Entrée vum Stater Park wäerten no den Aarbechte méi schéin hannerlooss ginn, wéi se virfonnt goufen.

#### Taxe de navigation fluviale sur la Moselle | Question 6694 (22/08/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

De 26. Juli huet de CEO vu Luxport um Radio 100Komma7 en Interview ginn, an deem hien ënner anerem op d'Benodeelegung duerch d'Muselkanaltax agaangen ass, déi fir d'Schëfffaart an der Groussregioun en zousätzleche Käschtepunkt bedeit.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1. Wéi positionéiert d'Regierung sech zu enger méiglecher Ofschaffung vun der Muselkanaltax? Steet d'Regierung an deem Sënn am Austausch mat deenen aneren Anrainerstaaten?

2. Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Suen d'Muselkanaltax an de Joren 2013 bis 2021 jee weils am Staatsbudget uitgemaach huet?

**Réponse (22/09/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances**

ad 1. De Regierungsprogramm gesäit Folgendes zu dem Sujet vun de Muselpeagë vir: « Le Luxembourg suivra l'abolition projetée des péages sur les voies fluviales allemandes et accompagnera favorablement dans la Commission de la Moselle une éventuelle simplification ou abrogation du régime des péages mosellans. »

An deem Kontext ass Lëtzebuerg am konstanten Austausch mat de Vertrieeder aus de Länner Däitschland a Frankräich, also de Parteie vun dem Vertrag vum 27. Oktober 1956 zwëschen der Bundesrepublik Däitschland, der franséischer Republik an dem Groussherzogtum Lëtzebuerg iwwer d'Schëffbarmachung

vun der Musel, deen de rechtliche Kader fir d'Peagen op der Musel festleet, fir déi neideg Schrëtt fir eng Ofschaffung oder eng Vereinfachung vun de Muselpeagë gemeinsam ëmzesetzen.

ad 2. D'Muselpeagë ginn all Joer no engem an dem Muselvertrag an den Artikelen 19 an 20 fixéierte Schlëssel vun der Muselgesellschaft un déi dräi uewe genannte Memberstaaten op der Basis vun den tatsächlech erhuewene Peagen a relatioun mat de jee weils ugefalene Käschte rembourséiert.

Lëtzebuerg huet no deem Schlëssel folgend Bäitrag (an Euro) tëscht 2013 an 2021 als Recettë kënnen verbuchen:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

#### Promotion des métiers | Question 6695 (22/08/2022) de M. Fred Keup (ADR)

Am Handwierk wieren aktuell zirka 8.000 Plazen nei ze besetzen. Dacks mangelt et awer u qualifizéiertem Nowuess, och well ganz vill Schüler léiwer op de Wee vun enger akademescher Karriär ginn. Dat läit ënner anerem dorun, dass d'Handwierk an der Gesellschaft an an den Elterenhäuser en éischter schlechte Ruff huet, besonnesch wat d'Berufschancen an d'Verdéngschtméiglechkeeten ubelaangt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

– Wéi eng konkret Moossname gesäit d'Regierung vir, fir den Image vum Handwierk an der Gesellschaft an an der Schoul zukünfteg opzewäerten?

**Réponse (27/09/2022) de M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

Sou wéi schonn ë. a. an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N° 1542, 3183 a 5737 geschriwwen, empfënnt d'Regierung et als wichteg, fir jonk Leit fir den Entrepreneuriat am Allgemengen an d'Handwierk am Besonnesche kënnen ze begeeschten. An dëser Äntwert ginn déi speziell Mesuren, déi am Kontext vun der sanitärer Kris geholl goufen, net méi extra ervirgehewen.

D'Modernisation vun der Berufsausbildung gouf an deene leschte Jore virgedriwwen mat ë. a. den Analyse vun verschidde Formatiounen op hir Adequation zum Aarbechtsmaart duerch d'Cellule de compétence pour la conception curriculaire de la formation professionnelle.

Zousazertifikatiounen goufen a verschidde Formatiounen agebaut, wéi z. B. de Kälteschein vun der Ëmweltverwaltung oder nach d'Éischt Hëllef vum CGDIS. Och d'Offer un digitale Contenuten an der Berufsausbildung gouf ausgebaut.

Fir der gesellschaftlecher Realitéit Rechnung ze droen, ginn ëmmer méi Formatiounen a méi Sproochen ugebueden. Sou gëtt net nëmme méi op Lëtzebuergesch an Däitsch an der Berufsausbildung ënnerriicht, mee och op Franséisch an Englesch (régime linguistique spécifique).

Et gi permanent iwwer d'Joren nei Formatiounen geschafte wéi z. B. den Technicien en e-commerce oder nach den DAP Éducation.

Am Kontext Orientatioun op dat spéidert Berufsliewe gouf d'YEP – Schoulfoire (YEP = Youth, Education & Professions) an d'Liewe geruff mam Objektiv vun der Orientatioun a Valorisation vun de Beruffer. Heimat waren de Léierplazendag, LuxSkills (national

<sup>9</sup> Règlement (UE) 2016/679 du Parlement européen et du Conseil du 27 avril 2016 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données, et abrogeant la directive 95/46/CE

<sup>10</sup> <https://cnpd.public.lu/fr/actualites/national/2022/07/gsv-luxembourg-droit-d-opposition.html>



Berufsmeeschterschafte mat iwwer 30 Concoursen an 200 Kandidaten) an déi kreativ Ateliere fir Kanner aus dem Cycle 4.1 a 4.2 (iwwer 50 Ateliere) verbonnen.

D'Promotioun vun den Handwerksberuffer gëtt am Cycle 4.1 mam Projet „Hallo Handwerk“ am Fondamental (Kooperatioun SCRIPT, Chambre des Métiers a Maison de l'orientation) geleescht.

Divers Outilen an Zesummenaarbecht mat de Chamberen an der Maison de l'orientation goufen en place gesat:

- Talentcheck/Basic Check
- Berufsausbildung.lu: Plattform vun de Chamberen, wou de Ministère elo nach derbäikënn
- Wëssensateliere
- Science Center
- Makerspaces

De Programm „Fit fir d'Leier“ gouf agefouert, fir déi Jonk ze begleeten, fir e Patron ze fannen.

A punkto Attraktivitéit vum System an der Berufsausbildung gëtt nom Stufemodell „Kein Abschluss ohne Anschluss“ geschaff, dat heescht, dass beim Anschaffe vun neie Formatiounen beschmëglech drop opgepasst gëtt, keng Sakgaassen ze schafen. Nom CCP soll een DAP ugebuede ginn an dono een Techniker. Och do ass et méiglech, duerch d'Reussite vun de Modules préparatoire nach weiderzegoen an engem BTS oder Bachelor.

D'Zil vun der Reform vum Meeschterbrëf ass et ë. a., dem „neie“ Meeschter méi eng breetgefächert Approche an Outile mat op de Wee ze ginn, déi et him erlaben, op d'Erausfuere vum haut an awer och vu muer kënnen ze äntweren. D'Image de marque vum Brevet gëtt soumat eropgesat an et ginn nei Perspektiven fir jonk DAP-Schüler, Quereinsteiger (BAC, BAC+) an och Leit, déi no enger perséinlecher a beruflecher Erausfuere am Handwerk sichen, geschafen.

Well et primordial ass, dass d'Gesellschaft sech der Wichtegkeet vum Handwerk och bewusst ass, ass d'Regierung permanent beméit, d'Promotioun vum Handwerk net nëmmen um Niveau vum Schoulwieser ze gestalten, mee och de Stellwäert an d'Attraktivitéit vum Handwerk an der Gesellschaft héichzehalen. An deem Kontext sief op dëser Plaz nach eng Kéier u verschidde Campagnen erënnert, ë. a.:

- d'Ausstellung „De Mains De Maîtres“, déi d'Konscht-handwerk promouéiert;
- de Programm HandsUp, deen de jonke Leit an hiren Elteren ee positiv Bild vum Handwerk vermëttelt;
- déi rezent virgestallt Campagne vun der ASBL „Jonk Handwerk“, fir d'Attraktivitéit vum Handwerk bei de jonke Leit weider ze fërden;
- déi grouss ugeluechte Mediacampagne „Makers of Luxembourg“, déi d'Lëtzebuurger Handwerk promouéiert.

## Politique en Bosnie-Herzégovine | Question 6696 (23/08/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

An engem Bäitrag vun der renommierter Heinrich-Böll-Stiftung vum 24. März 2022 stoung ze liesen: „Bosnien und Herzegowina befindet sich in der schlimmsten Krise seit dem Ende des Krieges. Auf so vielen Ebenen und in so vielen Bereichen. [...] Seit Jahren stehen in Bosnien und Herzegowina demokratische Werte und Prinzipien von innen und außen unter Beschuss, findet hier ein Kampf zwischen Ethnokratie und Demokratie statt.“ (Quell: <https://www.boell.de/de/2022/03/24/es-geht-noch-einen-meter-tiefer-bosnien-und-herzegowina>). Dausende vu Bierger verlooosse Woch fir Woch d'Land a Richtung Kroatien, dat heescht a Richtung EU. Sou schreift

d'Heinrich-Böll-Stiftung: „Allein im zweiten Corona-Jahr 2021 sollen nach Angaben der Union für nachhaltige Rückkehr und Integration in BiH 170.000 Bosnier\*innen ihre Heimat verlassen haben.“

Zugleich huet den Europäesche Gerichtshaff fir Mënscherechter zu Stroossbuerg säit 2009 insgesamt fënnemol festgestallt, dass d'Verfassung vu Bosnien-Herzegowina all déi Mënschen diskriminéiere géif, déi net engem vun den dräi ethnische Gruppen (Bosniaken, Serben a Kroaten) ugehéieren, déi zesumme ronn 96 % vun der Gesamtbevölkerung ausmaachen, an dass d'Land substanzuell Demokratiedefiziter opweise géif. D'EU selwer, där Bosnien-Herzegowina säit 2016 offiziell bäitriede wëll, huet am Oktober 2021 an engem Lännerrapport festgehalen, dass d'Land nach staark Beméiungen ënnerhuele muss, fir de Status als EU-Bäitrittskandidat ze kréien.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Bausseminister:

– Wéi beurteilt d'Regierung den Zoustand vun der Demokratie a vum Rechtsstaat a Bosnien-Herzegowina? Wéi positionéiert sech Lëtzebuerg géintwärt der aktueller Regierung? Wéi wirkt d'Lëtzebuurger Regierung op eventuell Entscheedungen säitens der EU an? Geet den Här Minister dervun aus, dass et am Hëllef op déi gravéierend ethnisch a politesch Spannungen am Land nach sënnavoll ass, Bosnien an Herzegowina de Status als EU-Bäitrittskandidat an Aussicht ze stellen?

**Réponse (23/09/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes**

Den Aussen- an Europaminister war de 15. Juni 2022 fir e bilaterale Besuch a Bosnien-Herzegowina, fir sech ënner anerem e méi geneet Bild vun der Situation an deem Land ze maachen. D'Regierung deelt den Avis vun der Europäescher Kommissioun an hirem Rapport iwwert Bosnien-Herzegowina vum 19. Oktober 2021, deen eng detailléiert Analys iwwert den Zoustand vun der Demokratie an der Rechtsstaatlechkeet a Bosnien an Herzegowina enthält.

D'Regierung ass och der Meenung, dass den Zoustand vun der Demokratie an der Rechtsstaatlechkeet a Bosnien-Herzegowina nëmme verbessert ka ginn, wann déi 14 Prioritéiten, esou wéi si am Avis vun der Europäescher Kommissioun vum 29. Mee 2019 virgesi ginn, ëmgesat ginn.

Lëtzebuerg wäert Bosnien-Herzegowina weiderhin ënnerstëtze bei der Ëmsetzung vun de Reformen, déi néideg sinn, fir d'Land méi no un d'EU erunzeféieren.

Am Aklang mat de Conclusiounen vum Europäesche Rot vum 23. a 24. Juni 2022 encouragéiere mir déi Verantwortlech a Bosnien-Herzegowina, huerdeg déi politesch Eenegung vum 12. Juni 2022 ëmzesetzen an d'Verfassungs- a Walreform ofzeschleissen, fir dass d'Land op sengem europäesche Wee ka virukommen. D'Regierung ass och bereet, fir Bosnien-Herzegowina, mat zanter Juni 2003 eng Bäitrittsperspektiv huet, de Status vun engem EU-Kandidatland ze accordéieren, op Basis vun engem Rapport vun der Kommissioun iwwert d'Ëmsetzung vun de Reformen.

## Création de maisons de naissance | Question 6697 (23/08/2022) de Mme Diane Aehm | Mme Martine Hansen (CSV)

A villen europäesche Länner, wéi beispillsweis an Däitschland, Frankräich an an der Belsch, hunn d'Fraen Méiglechkeet, an engem Gebuertschaus ze accouchéieren. Hei zu Lëtzebuerg besteet dës Méiglechkeet bis elo nach net. E Gebuertschaus erméiglecht eng perséinlech a ganzheetlech Begleedung vun der Fra während

der Schwangerschaft duerch qualifizéiert Hiewanen. Doriwier eraus fënnt d'Gebuert selwer an enger vertrauter a roueger Struktur statt, déi de Fraen eng zousätzlech Sécherheet gëtt. Gebuertschaier géifen och d'Maternitéten entlaaschten.

Dofir wëlte mir an deem Kontext folgend Froen un d'Madam Gesondheitsministesch an un den Här Minister fir Soziales stellen:

1. Envisagéiert d'Regierung, nient de Maternitéten och Gebuertschaier zougeloossen, fir dass d'Fraen, déi dat wëllen, do kënnen accouchéieren?
2. Wa jo, wat fir Bedingunge muss esou e Gebuertschaus erfëllen?
3. Wa jo, gesäit d'Regierung e Qualitéitsmanagement fir Gebuertschaier vir, esou wéi dat och an Däitschland de Fall ass?
4. Wa jo, ënnert wat fir engem Statut kéint esou e Gebuertschaus fonctionéieren?
5. Envisagéiert d'Regierung, am Fall, wou esou Gebuertschaier zougelooss ginn, an der CNS-Nomenclature Tariffer, déi och de Betribskäschte vun den Haier Rechnung droen?
6. Envisagéiert d'Regierung, am Fall, wou esou Gebuertschaier zougelooss ginn, eng speziell Fortbildung fir d'Hiewanen, déi do aktiv sinn?
7. Envisagéiert d'Regierung, am Fall, wou esou Gebuertschaier zougelooss ginn, eng Erweiderung vun de Kompetenzen vun den Hiewanen?

**Réponse (28/09/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale**

ad 1. Zurzäit sinn déi zoustänneg Servicer vum Gesondheitsministère a vun der Gesondheitsdirektioun dobäi, eng Analys iwwer eng eventuell Aféierung vu Gebuertschaier ze féieren. Op Basis vun engem kompletten Dossier, notament iwwer d'Critèren, déi e Gebuertschaus misst erfëllen, wäert eng Decisioun geholl ginn, ob et zur Kreatioun vu Gebuertschaier kënn oder net. Et sief bemierkt, dass en adäquate legale Kader misst geschaf ginn, fir dass e Gebuertschaus iwwerhaupt ka funktionéieren.

ad 2. Am Verglach mat scho besteeënden änleche Strukturen an Europa misst e Gebuertschaus zu Lëtzebuerg folgend Critèren erfëllen:

- Vun engem etabléierte Kader profitéieren (legal Basis, Critèren);
- D'Recommandatiounen vun der klinescher Praktik mussen fir Lëtzebuerg däitlech etabléiert ginn<sup>11</sup>. Dës Recommendatiounen mussen mat all de concernéierte Professionellen (Dokteren, Hiewammen, Conseil scientifique, ...) ausgeschafft ginn;
- D'Formatioun vun de Professionellen muss d'Qualitéit an d'Sécherheet vun der Fleg an dëser spezifischer Aart vun Organisatioun garantéieren<sup>12</sup>. Well Komplikatiounen souwuel fir d'Mamm wéi och fir d'Kand ëmmer méiglech sinn, och wann d'Schwangerschaft an d'Gebuert als physiologesch klasséiert ass, muss d'Kontinuitéit vun der Fleg garantéiert kënnen ginn an hir Modalitéiten müssen am Viraus a Koordinatioun mat de Spideeler a mat Ofstëmmung vun de Gynekologen-Obstetriker, Anästhesisten-Reanimateuren a Pediatere genau festgeluecht ginn.
- Et wier och ze präwien, ob dës Aart vun Exercice innerhalb sou enger Struktur duerch eng Assurance „responsabilité civile professionnelle“ ofgedeckt ass.

<sup>11</sup> Beispill: „Recommandation de bonne pratique : Accouchement normal : accompagnement de la physiologie et interventions médicales“ HAS, décembre 2017 Haute autorité de santé (has-sante.fr)

<sup>12</sup> <https://www.midwiferyunitnetwork.org/wp-content/uploads/2020/08/Article-The-development-of-midwifery-unit-standards-for-Europe-2020-Rayment-et-al..pdf>

ad 3. Falls sech esou Strukturen zu Lëtzebuerg entwéckele sollen, ass e Qualitätsmanagement erfuerderlech, fir d'Risiken am Zesummenhang mat der Gesondheetsfleeg ze verhënnere, d'Sécherheet vun de Patienten ze garantéieren an all Chancëverloscht fir déi betreit Patienten ze vermeiden. Déi praktesch Modalitéite fir de Qualitätsmanagement mussen am Virfeld vun enger eventueller Aariichtung vun engem Gebuertshaus definéiert ginn.

ad 4. De Statut vun engem Gebuertshaus wäert ofhängeg gemaach gi vun de Qualitéits- a Sécherheetskriterien, déi sou en Haus erfëlle muss.

ad 5. Den aktuelle legale Kader vun der sozialer Sécherheet erlaabt et net, datt Infrastrukturkäschten iwwer d'Nomenclature finanziert ginn. Falls Gebuertshäuser sollten e legale Kader kréien, misst de Finanzement iwwer aner Mechanismen assuréiert ginn, bzw am Kader vun den Iwwerleeunge fir e zukünftige legale Kader mat berücksichtegt ginn (z. B. iwwer Forfeiten ausserhalb vun der Nomenclature oder der Enveloppe budgétaire globale).

ad 6. An der Belsch informéiert den Internetsite vun der Berufsverband vun de belschen Hiewammen iwwer den Émgang an d'Praxis vun Hausgebuerten<sup>13</sup>. Et gëtt eng Charta vum Berufsverband vun de belschen Hiewamme fir Gebuerter vu fräiberufflechen Hiewammen, déi d'Organisatioun, d'Ausbildung an d'Kompetenze virschreift, fir d'Betreiung vun Hausgebuerten ze garantéieren.

An Däitschland gëtt et en änleche funktionelle Kader.

Wa sech esou Strukturen zu Lëtzebuerg entwéckele sollen, muss d'Formatioun vun der Hiewamm d'Qualitéit an d'Sécherheet vun der Fleeg an esou enger Aart vun Organisatioun erméiglechen.

Eng Aktualiséierung vun den Attributiounen vun den Hiewammen, alignéiert un dat, wat bei eisen Nopeschlänner steet, gouf 2019 virgeholl (cf. RGD du 22 novembre 2019 déterminant le statut, les attributions et les règles de l'exercice de la profession de santé de sage-femme). Déi nei Attributiounen erfuerderen d'Aféierung vu Module fir d'Weiterbildung, fir d'Qualitéit vun der ugebuedener Fleeg ze garantéieren an déi nei Attributiounen ofzedecken.

De Contenu vun dese Formatiounen ass an Zesummenaarbecht mat der Association luxembourgeoise des sages-femmes (ALSF) ausgeschafft a vun der Société luxembourgeoise des gynécologues obstétriciens (SLGO) validéiert ginn. Déi éischt Formatiounen fänken Ufank November am Kompetenzzentrum un.

ad 7. Eng Ännerung vun den Attributiounen vun den Hiewamme kann nëmmen als secondaire Mesure a Fro kommen, wann de Kontext dës rechtfäerdigt an no enger Diskussioun mat all de potentiell bedeelegten Acteuren (Obstetriker, Pédiateur, Urgentiste, Réanimateur asw.)

### Impact de l'inflation sur le taux de défaillance des ménages ainsi que sur la propension à épargner | Question 6699 (23/08/2022) de M. Fernand Kartheiser | M. Roy Reding (ADR)

Déi héich Inflation bedeit fir d'Bierger allgemeng e substantielle Kafkraaftverloscht. Nieft dem Verzicht ginn d'Leit a verschidde Länner vun der Eurozon awer och ëmmer méi dacks mat existenzielle Fro konfrontéiert. A Frankräich huet d'Zuel vu Privatleit, déi den Obligatiounen aus hire Prëten net méi no kommen kënnen, de leschte Mount ëm 30 % par rapport zum Juli 2021 zougeholl. An Däitschland rechent

de Verband vun de Spuerkeesen domat, datt geschwé 60 % vun de Leit guer näischt méi spueren an domat och keng Reserve fir kuerzfristeg net geplangte Ausgabe méi opbaue kënnen.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Fro stellen:

1. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi d'Entwécklung vun der Ausfallquot vu private Scholden zu Lëtzebuerg pro Mount iwwer d'Joren 2018 bis 2022 (Juli incl.) dokumentéiert?

2. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi déi duerchschnëttlech Spuerquot vun de Lëtzebuerger Stéit iwwer d'Joren 2018 bis 2021 dokumentéiert, a preziséieren, wéi héich jee weils den Undeel vun deene Stéit war, déi guer keng Sue méi op d'Säit leeë konnten?

3. Mëttelfristeg kann eng méi geréng Spuerquot sech och negativ op d'Verfügbarkeet vu Kapital an domat d'Investitiounsméiglechkeete vun de Betriber auswirken. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi d'Entwécklung vun der Gesamtspuerquot vun eiser Ekonomik a Relatioun zum PIB fir d'Joren 2010 bis 2021 dokumentéiert, a preziséieren, vu wéi engen Erwaardunge si opgrond vun der aktueller Kris fir d'Joren 2022–2025 ausgeet?

**Réponse (28/09/2022) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances**

D'Entwécklung vun der Ausfallquot, dat heescht dem Montant vu private Scholden, déi net méi zeréckbezueelt kënnen ginn (Non-Performing Loans) par rapport zum Gesamtvolumen vu Scholde bei de Stéit zu Lëtzebuerg, ass am Tableau heidrënner a Prozent pro Trimester ofgebillt:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Et ass an deem Kontext ze bemierken, datt d'Ausfallquot vu private Scholden zu Lëtzebuerg op engem historischen Déif läit, a Lëtzebuerg aktuell déi niddregst Quot an der EU huet.

D'Entwécklung vun der duerchschnëttlecher Spuerquot vun de Stéit, dat heescht dem Volumen vun deem, wat gespuert gëtt par rapport zum Revenu disponible, ass am Tableau heidrënner pro Joer opgeléicht:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Wéi een am Tableau gesäit, ass d'Spuerquot 2020 an 2021 méi héich gewiescht. Déi staark Steigerung vu bal plus 10 Prozentpunkten ass op d'Covidkris zeréckzeféieren.

An senger leschte makroekonomesche Prognose geet de Statec vun enger Baisse vun der Spuerquot fir 2022 aus. D'Spuerquot wäert viraussichtlech am Joer 2023 weider liicht zeréckgoen, fir sech ronderëm en Niveau ze stabiliséieren, deen erëm méi am Aklang mat den historischen Moyennë vun deem Taux wäert sinn.

An enger klenger oppener Ekonomik mat enger Finanzplatz, déi gréisstendeels international orientéiert ass, gëtt et keng direkt Korrelatioun tëschent der Spuerquot an den Investitiounen an d'Gesamtekonomie.

### Rémunération de collaborateurs externes | Question 6701 (23/08/2022) de M. Fred Keup (ADR)

Wéi an engem „Tageblatt“-Artikel vum 19. August 2022 nozeliesen ass („Kein Budget für externe Lehrkräfte“,

S. 3), waarden insgesamt 35 extern Léierpersounen („collaborateurs externes“) op hir Paie vum zweeten an drëtten Trimester vum vergaangene Schouljoer. Et geet ëm eng Gesamtzomm vun 155.000 Euro. De Schoulministère huet matgedeelt, datt dës Paie réischt no der politescher Rentrée, am Oktober 2022, kéinten ausbezueelt ginn. De Ministère begrënt dës Budgetiwwerschreidung mat der Flüchtlingsswell aus der Ukrain, déi et mat sech bruecht hätt, datt zu Lëtzebuerg méi Léierpersounen agestellt gi wiere wéi virgesinn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

1. Wéi vill Léierpersounen goufen insgesamt am Kontext vun der Sclarisatioun vun ukrainesche Flüchtlingsskanner agestellt? Wéi vill vun dese Léierpersounen krute bis elo d'Integralitéit vun hire Paien ausbezueelt?

2. Kann den Här Minister am Detail preziséieren, a wéi enge Schoulberäicher déi 35 Léierpersounen, déi zurzäit nach op d'Ausbezuelt vun hire Paien waarden, aktiv sinn?

3. Am genannten Artikel ass vun engem „Budgetposten mit der Kennnummer 11.1.12.000“ rieds, deen, sou de Ministère, den 2. August 2022 opgebraucht war. Kann den Här Minister Prezisiounen zu deem Budgetposte ginn?

4. Ass dru geduecht, fir bei der Ausbezuelt vun de Paien fir déi 35 Léierpersounen och déi réckwierkend Indexéierung bis den 1. Abrëll 2022 mat anzerechnen?

5. Ginn et Iwwerleeungen an der Regierung, wéi een an Zukunft, am Kontext vun änlecher Kris wéi der Ukrainkris, vermeide kann, datt eng Rei vu Léierpersounen bis d'parlamentaresch Rentrée waarden mussen, fir hir Paien ausbezueelt ze kréien?

**Réponse (27/09/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

ad 1. Am Kontext vun der Sclarisatioun vun den ukrainesche Flüchtlingsskanner goufen an den effentlechen internationale Schoulen 82 Leit als „collaborateur externe“ agestellt. Dës Leit ginn ausbezueelt op Basis vun Deklaratiounen, déi am Prinzip trimesterell, mee an deem Fall esouguer all Mount konnten u mäi Ministère weidergeleert ginn. Aktuell ass keng Deklaratioun, déi eragereecht gouf, nach net ordonnancéiert. E Rappel un déi concernéiert Schoulen, dem kompetente Service vu mengem Ministère all d'Deklaratiounen zoukommen ze loossen, déi nach ausstinn, gongt Enn August eraus. All weider Deklaratioun, déi mäi Ministère erakritt, gëtt direkt ordonnancéiert.

ad 2. Déi 35 Leit, vun deenen am „Tageblatt“-Artikel vum 19. August rieds war, goufen direkt nom Accord vum Dépassement budgétaire ausbezueelt a waren haaptsächlech am Beräich vun der Sclarisatioun vun ukrainesche Skanner aktiv.

ad 3. Beim Budgetartikel mat der Nummer 11.1.12.000 handelt et sech ëm e Posten, dee geduecht ass, fir Indemnitéite fir Servicer vun Tiersen ze bezuelen „indemnités pour services de tiers“ an dës an der Sektoren „Enseignement secondaire classique et enseignement secondaire général“.

ad 4. D'Indemnitéiten, déi fir dës Leit virgesi sinn, goufen vum Regierungsrat fixéiert an ënnerleien net der automatescher Indexéierung. Dës ass och esou an de Leit hirem Kontrakt vermerkt.

ad 5. Bis d'parlamentaresch Rentrée hunn dës Leit net misse waarden. Den Dépassement gouf den 23. August accordéiert a sämtlech Deklaratiounen, déi du virloochen, och kuerz duerno schonn ordonnancéiert.

<sup>13</sup> <https://sage-femme.be/parents/lieux-de-naissance/a-domicile/>



De Prinzipp vum Collaborateur externe bitt sech och doduerch fir esou Krisensituationen un, datt et sech ëm eng Indemnitéit fir e Service handelt, deen am Prinzipp just en Niewenakommess duerstellt.

### Hausse des prix de l'énergie | Question 6702 (24/08/2022) de M. Gilles Roth (CSV)

D'Energiepräisser sinn an de leschte Méint staark geklommen. Och bei de Gaspräisser gëtt et eng däitlech Hausse. Doriwwer eraus ass de Präis vum CO<sub>2</sub> op den 1. Januar 2022 op 20 Euro pro Tonn geklommen a soll 2023 op 30 Euro pro Tonn erop gesat ginn. Um Montant vun der CO<sub>2</sub>-Steier sinn nach eng Kéier 8 % TVA fälleg.

An deem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madamm Finanzministesch stellen :

– Wéi héich sinn d'Recetten, déi de Staat op der TVA um Gas zanter dem 1. Januar 2022 generéiert huet?

• Wéi gesäit d'Entwécklung par rapport zum selwechten Zäitraum vum Joer 2021 aus?

– Wéi héich sinn d'Rezetten, déi de Staat iwwert TVA op der CO<sub>2</sub>-Steier zanter Januar 2022 generéiert huet?

• Wéi gesäit d'Entwécklung par rapport zum gläichen Zäitraum vum Joer 2021 aus?

### Réponse (28/09/2022) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Den honorabelen Deputéierte freet no de Recetten TVA um Gas fir d'Joer 2021 an 2022.

Allerdéngs erlaabt den informatesche System vum der Verwaltung et net, d'Recetten TVA um Gas isoléiert auszuweisen, mee nëmmen zesumme mam Elektresch. Esou sinn an den aacht éischte Méint 2021 20.131.471 Euro Recetten erakomm a fir déi selwecht Period 2022 waren et 44.884.890 Euro.

Wat elo TVA Recetten op der CO<sub>2</sub>-Steier ubelaangt, sou ass ze preziséieren, dass d'CO<sub>2</sub>-Steier eng Accise ass, där hir Recettë ganz onofhängeg vun der Evoloutioun vum Präis vum Produkt, dee besteiert gëtt, sinn. Dës Accise ass e feste Montant, dee mat der Quantitéit, déi verkaf ginn ass, multiplizéiert gëtt.

D'Recetten TVA, déi op der CO<sub>2</sub>-Steier erhuewe gi sinn an den aacht éischte Méint vum Joer 2021, louche bei 792.232,09 Euro. An der selwechter Period 2022 waren et 1.441.799,26 Euro.

Am Géigesaz zu der Entwécklung vun den TVA-Recetten um Gas an Elektresch, déi zu engem groussen Deel duerch d'Präiserhéijung ze erklären ass, kann d'Entwécklung bei der TVA op der CO<sub>2</sub>-Steier net nëmmen duerch d'Erhéijung vun der Steier vu véier Euro pro Megawattstonn op fënnf Euro fir d'Joer 2022 erkläert ginn, mee och duerch en Ennerscheid bei der Consumatioun.

### Paiement du billet d'avion à l'aéroport lors du check-in | Question 6705 (24/08/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

An eisem Nopeschland Däitschland lafe wéinst dem Chaos op ville Flughäfen aktuell Diskussiounen doriwwer, fir de Vorkassen-Prinzipp bei Fluchbuchungen ze iwwerdenken. Aktuell ass d'Reegel, dass een säin Ticket am Virus bezilt, wat engem zinslose Kredit un d'Airline gläichkënn, esou déi däitsch Verbraucherzentrale an engem Artikel am „Handelsblatt“ vum 24. August.

Deem entgéint proposéiert d'Verbraucherzentrale, dass een d'Ticketen och sollt kënnen direkt beim Check-in bezuelen. Dat géif nämlech verhënnern,

dass vill Leit mussen hire Remboursementen hannerdru lafen, wann ee Fluch mol stornéiert gëtt. Oder, wéi d'Verbraucherzentrale et schreift:

„Passagiere sind es leid, den Airlines zinslose Kredite zu geben, bei abgesagten Flügen auf den Kosten sitzen zu bleiben oder im schlimmsten Fall das Risiko einer Insolvenz tragen zu müssen.“

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Ass de System, esou wéi d'Verbraucherzentrale et virschléit, zu Lëtzebuerg émsetzbar?

2. Wéi steet d'Regierung zu der Iddi, dass ee Passagéier d'Recht krit, fir säi Fluchticket net mussen am Virus ze bezuelen, mee beim Check-in?

3. Wäert de Minister sech national dofir asetzen, fir d'Bezuelen um Counter, sou wéi vun der Verbraucherzentrale proposéiert, méiglech ze maachen?

4. Wäert de Minister sech um europäesche Plang dofir asetzen, d'Bezuelen um Counter méiglech ze maachen? Falls jo, wäert hien dës Iddi mat an den nächsten EU-Ministerrot huelen?

### Réponse (28/09/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

De Prinzipp, dass ee bei enger Reservatioun de Präis vum Ticket am Virus bezilt, existéiert bei ville Produiten an Déngschtleeschungen, sief et bei der Reservéierung vun engem Concerts- oder Theaterticket oder och fir eng Plaz an engem internationalen Zuch, wéi TGV oder ICE. Och Produiten, déi iwwer Internet bestallt ginn, ginn a priori de Moment selwer vum Akaf bezuelt, nach iert een de Produit selwer gesinn huet.

Déi kommerziell Aviatioun funktionéiert op Basis vun internationalen a weltwäit gültege Reegelen, fir e Réseau vu Connectiounen ze ënnerhalen. D'Präispolitik vun de Kompanien ass immens dynamesch, de Präis vum Ticket ka bannent kuerzer Zäit staark variéieren, jee nodeem wéi vill Leit ee bestëmmte Fluch buchen. D'Präisser ginn deemno permanent jee no Offer an Demande nei berechent. Dës Reservéierungssystem ass essenziell, fir dass eng Kompanie kann am Virus hir Fluch plangen.

Doriwwer eraus gëtt kee Passagéier gezwongen, fir säi Billjee méintelaang am Virus ze buchen. Et huet och haut schonn all Passagéier d'Recht, sech säin Ticket de Moment selwer um Flughäfen ze kafen, no deenen entspreche Konditiounen a Präisser. Déi meescht Fluchgesellschaften bidden ausserdeem och flexibel Ticketen un, déi zu all Moment kënnen vum Passagéier annulléiert an och direkt zrëckbezuelt ginn. Aus all deene Grënn wier eng Ëmstellung vum ganze globale Reservéierungssystem net sënnavoll.

D'EU-Reglement 261/2004 garantéiert doriwwer eraus dem Passagéier seng Rechte am Fall vun Annullatiounen oder Verspéidunge vusäit vum der Fluchgesellschaft.

### Responsabilité en cas d'accident d'une voiture autonome | Question 6706 (24/08/2022) de M. Jeff Engelen | M. Roy Reding (ADR)

E Méindeg de 15. August koum et an Däitschland am Landkreiss Reutlingen (Baden-Württemberg) zu engem déidlechen Accident mat engem autonomen Testauto. Déi zoustänneg däitsch Autoritéit sinn amgaang ze ënnersichen, wéi et zu dëser traureger Situation konnt kommen an ob de Chauffeur all senge Flichten nokomm ass, déi och an engem autonomen Auto weiderhi gëllen. Onofhängeg vum Resultat vun

der Enquête weist sech awer, datt d'Fro vum der Haftbarkeet am Fall vun engem Accident mat engem autonomen Auto am Sënn vun der Rechtssécherheet vun all Bedeelegtem zäitno a kontrovers mussen diskutéiert ginn.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung matdeelen, ob a wéi eng national juristesche Etuden zu der Responsabilitéit beim autonome Fahren aktuell virleien oder amgaange sinn ausgeschafft ze ginn? Kann d'Regierung kuerz de Schwéierpunkt vun dësen Etudë preziséieren a matdeelen, wéi eng betreffen Acteuren (ACL, Assurancen, Hersteller, Konzessionären asw.) un deenen eenzele Projekte bedeelegt sinn?

2. Kann d'Regierung matdeelen, ob a wéi eng national juristesche a sécherheetstechnesche Etuden zu der Responsabilitéit beim autonome Fahren virleien, déi sech mam spezielle Risiko vun engem Hackergrëff op d'Software vum Auto befaassen, dee vum Chauffeur respektiv dem Proprietär oder Detenteur net kann erkannt ginn, aktuell virleien oder amgaange sinn ausgeschafft ze ginn? Kann d'Regierung kuerz de Schwéierpunkt vun dësen Etudë preziséieren a matdeelen, wéi eng betreffen Acteuren (ACL, Assurancen, Hersteller, national Sécherheitsdëngschter asw.) un deenen eenzele Projekte bedeelegt sinn?

3. Vill Lëtzeburger Bierger kucken den autonomen Auto och ënnert aneren Aspekter. D'Fro stellt sech z. B., ob de Chauffeur an engem autonomen Auto deene selwechte Konditiounen ënnerläit, z. B. am Hëllef op Medikamenter oder op Alkohol- oder Drogekonsum, wéi deen an engem net autonomen Auto?

### Réponse (28/09/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Als alleréischst sief dorobber verwisen, datt, konform zu der nationaler Gesetzgebung, bei der Nutzung vun engem Gefier op öffentleche Stroossen ëmmer ee Chauffeur muss d'Kontroll iwwert d'Gefier hunn. Esou ass et dem Chauffeur bei der normaler Nutzung vun engem Gefier och net erlaabt, dës Kontroll komplett un ee Gefier ze iwwerginn, woubäi hei Assistenzsystemer, déi dem Chauffeur beim Fahren hëllefen, net ausgeschloss sinn. Doduerch ass d'autonom Fahren zu Lëtzebuerg net erlaabt an et kënnen just Assistenzsystemer genotzt ginn, woubäi de Chauffeur zu all Moment d'Kontroll iwwert säi Gefier muss hunn. Am Fall vun engem Accident, deen duerch een autonomen Auto verursaacht gëtt, ass de Chauffeur vun dësem Auto op der Basis vum Artikel 1384 vum Code civil responsabel.

Am Fall wou eng Autorisatioun fir wëssenschaftlech Tester („essais scientifiques“) mat engem autonome bzw. automatiséierte Gefier vum responsabele Minister fir den Transport ausgestallt gëtt, muss de Chauffeur nach ëmmer zu all Moment dës Gefier iwwersteiere kënnen. Dës ass een explizite Punkt, dee virun dem Erlabe vun esou Tester kontrolléiert gëtt. Zousätzlech dozou läit och beim Teste vun den autonome Funktiounen d'Responsabilitéit beim Chauffeur, dee keng aner Aufgaben dierf maache wéi d'Gefier ze iwwerwaachen, fir datt hien zu all Moment Kontroll vum Gefier kann iwwerhuelen. Dës gëtt och esou explizit an deenen Autorisatiounen, déi bis ewell ausgestallt goufen, erkläert.

Wat Software vun esou Gefierer ubelaangt, esou goufen an dësem Beräich an de leschte Jore vill Efforten um internationalen an um europäeschen Niveau gemaach, wat d'Homologatioun vun den Autos ubelaangt. An dësem Zesummenhang ass besonnesch op d'UN-Reegelung 155 ze verweisen, „Uniform

provisions concerning the approval of vehicles with regards to cyber security and cyber security management system", déi genau festleet, wéi een Auto muss gebaut ginn, fir d'Ufuerderungen am Beräich vun der Cybersecurity ze erfëllen. Do dernieft kann och nach op d'Reegelung 156 verweise ginn, déi sech explizitt mat dem Updaté vu Software am Auto beschäftegt. Iwwert d'EU-Reglement 201/2144<sup>14</sup> ass d'Reegelung 155 fir all Gefier, wat no dem 7 Juli 2024 immatrikuléiert gëtt, obligatoresch.

Dësen Datum gëllt och fir d'UN-Reegelung 156, déi iwwert d'2018/858<sup>15</sup> EU-Reglement ab deem Datum verflécht ass fir sämtlech Autoen, déi sollen ugemellt ginn.

Wat d'Notzung vu Gefier mat autonome Funktiounen ënnert dem Afloss vu Medikamenter, Alkohol- oder Drogekonsum betrëfft, esou ass, wéi scho beschriwwen, dëst net méiglech, well laut der nationaler Gesetzgebung de Chauffeur zu all Moment d'Kontroll iwwert säi Gefier muss hunn an deementsprechend Mindestufuerderungen, fir mat engem Auto kënnen ze fieren, erfëllt musse sinn. Esoulaang keng Gefier um Marché sinn, déi tatsächlech an hirer sougenannter „operation design domain“ sämtlech Situatiounen am Stroosseverkéier kënnen ofdecken, wäert dëst och net méiglech sinn, well zu all Moment een Auto mat sou Funktiounen de Chauffeur kann opfuere, d'Gefier ze iwwerhuelen, wann d'Gefier selwer seng spezifesch „operation design domain“ verléisst.

#### Dégradation de la N25 entre Kautenbach et Wiltz | Question 6707 (24/08/2022) de M. André Bauler (DP)

D'Strooss tëscht Kautebaach a Woltz (N25), déi fir hir schaarf Kéiere bekannt ass, ass an de leschte Méint plazeweis, haaptsächlech awer op enger präziser Plaz, net méi gutt befuerbar. Hei huet sech effektiv d'Säit vun der Strooss zum Hang hin zolidd gesat.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Ass schonn zesumme mat der Verwaltung vun de Ponts et chaussées dru geduecht ginn, fir dës Strooss op der betroffener Plaz an d'Rei ze setzen? Wa jo, wou sinn d'Etüden de Moment drun?

2. Wéini ka mat den Aarbechten ugefaange ginn a wat wäerten dës kaschten?

#### Réponse (27/09/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Der Stroossebauverwaltung ass den Zoustand vun der N24 op der wum honorablen Deputéierte beschriwwener Plaz bekannt an ass och schonn amgaangen, e Projet auszuschaffen, fir déi aktuell Situatioun ze behiessen.

<sup>14</sup> Règlement (UE) 2019/2144 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 relatif aux prescriptions applicables à la réception par type des véhicules à moteur et de leurs remorques, ainsi que des systèmes, composants et entités techniques distinctes destinés à ces véhicules, en ce qui concerne leur sécurité générale et la protection des occupants des véhicules et des usagers vulnérables de la route, modifiant le règlement (UE) 2018/858 du Parlement européen et du Conseil et abrogeant les règlements (CE) n° 78/2009, (CE) n° 79/2009 et (CE) n° 661/2009 du Parlement européen et du Conseil et les règlements (CE) n° 631/2009, (UE) n° 406/2010, (UE) n° 672/2010, (UE) n° 1003/2010, (UE) n° 1005/2010, (UE) n° 1008/2010, (UE) n° 1009/2010, (UE) n° 19/2011, (UE) n° 109/2011, (UE) n° 458/2011, (UE) n° 65/2012, (UE) n° 130/2012, (UE) n° 347/2012, (UE) n° 351/2012, (UE) n° 1230/2012 et (UE) 2015/166 de la Commission

<sup>15</sup> Règlement (UE) 2018/858 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2018 relatif à la réception et à la surveillance du marché des véhicules à moteur et de leurs remorques, ainsi que des systèmes, composants et entités techniques distinctes destinés à ces véhicules, modifiant les règlements (CE) n° 715/2007 et (CE) n° 595/2009 et abrogeant la directive 2007/46/CE

Déi respektiv geotechnesch Etüde goufen ofgeschloss an de Soumissiounsossier gëtt momentan ausgeschafft.

ad 2. D'ëffentlech Ausschreiwung fir dës Aarbechten ass fir 2023 virgesinn. D'Aarbechte wäerten da virauszietlech, ënnert der Konditioun, dass all déi néideg Autorisatiounen virleien, 2024 ufänken.

D'Käschte vun dësen Aarbechte ginn op ronn 750.000 Euro geschätzt.

#### Délais d'attente en gastro-entérologie pour réaliser une œso-gastroscope | Question 6709 (24/08/2022) de Mme Martine Hansen | M. Marc Spautz (CSV)

Il nous revient que dans un hôpital situé à Luxembourg-ville, les délais d'attente en gastro-entérologie sont actuellement de cinq mois pour les consultations et de sept mois pour les endoscopies. Pour un pays qui se targue souvent de jouir de l'un des systèmes sanitaires les plus performants, de tels délais sont inacceptables et représentent un poids psychologique énorme pour les patients concernés.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Quels sont les délais moyens actuels pour réaliser une endoscopie dans les hôpitaux luxembourgeois ?

2) Madame la Ministre ne trouve-t-elle pas ces délais trop longs voire inacceptables ?

3) Quelles mesures entend-elle prendre pour favoriser une réduction des délais d'attente dans des proportions plus convenables ?

#### Réponse (28/09/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

ad 1) Le délai pour obtenir un rendez-vous pour réaliser une endoscopie sur un plateau médico-technique d'un centre hospitalier dépend du caractère urgent ou non de l'examen selon l'ordonnance transmise et les motifs énoncés dans le courrier de transfert du patient. Il est en effet important qu'un rendez-vous urgent soit réalisé dans les meilleurs délais, en général endéans une semaine, alors qu'un rendez-vous de contrôle ou non urgent (selon les motifs énoncés) pourra se faire dans un contexte de programmation particulier selon les indications du médecin traitant.

Un rapport détaillé des délais d'attente moyens pour une consultation respectivement un examen d'endoscopie ne peut être établi comme les délais d'attente varient en fonction de l'organisation des disponibilités de médecins dans les centres hospitaliers respectifs. Les centres hospitaliers nous confirment que les rendez-vous concernant des signes urgents se font endéans une à deux semaines. Les autres rendez-vous se font endéans deux à trois mois avec des variations saisonnières constatées.

ad 2) L'appréciation des délais dépend de l'ordonnance transmise et des motifs énoncés dans le courrier de transfert. Il importe que le médecin traitant établisse clairement si l'examen est à réaliser d'urgence en fonction des symptômes constatés et de la prise en charge requise.

Un délai d'attente prolongé comme indiqué dans la question des honorables Députés pour un examen urgent ne nous est pas connu. Le cas cité ne peut être interprété comme un constat généralisé de délais prolongés.

ad 3) Une précision concernant la formulation des ordonnances et la mise en évidence du caractère urgent de certains examens doit permettre de mieux répondre aux attentes des patients et acteurs concernés.

#### Remise carburant | Question 6710 (25/08/2022) de M. Fred Keup (ADR)

Frankräich wëll d'Steierreduktioun um Liter Bensinn an Diesel vum 1. September u bis Enn Oktober vun 10 op 30 Cent erhéijen. Zu Lëtzebuerg soll déi entspriechend Reduktioun ëm 7,5 Cent dogéint den 1. September auslafen. Et ass also net nëmmen domat ze rechnen, dass déi vill franséisch Frontalieren da wäerten an hirem Heemechtsland tanken, mee dass wouméiglech och Lëtzebuerger Bierger an Zukunft déi Säit vun der Grenz tanke fieren, wat och negativ Auswirkungen op de Staatsbudget hätt.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

– Kann d'Regierung sech virstellen, bei der Reduktioun vun de Steieren um Bensinn op de gläiche Wee ze goe wéi eis franséisch Noperen, fir beim Bensinnspräis weiderhin kompetitiv ze bleiwen an den Tanktourismus als wichteg Recette net ze verléieren?

#### Réponse (01/09/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

D'Regierung plangt net, d'Remise vu 7,5 Cent um Liter Bensinn an Diesel ze verlängere respektiv op de selwechte Wee wéi Frankräich ze goen. Deen sech ze erwaardenden Ausfall vu Steuerrecett fir Lëtzebuerg, deen duerch déi franséisch Reduktioun entstoe wäert, beleeft sech leschten Estimatiounen no an der selwechter Gréisstenuerdnung wéi de Käschtepunkt, deen entstoe géif, wann hei zu Lëtzebuerg änlech Mesur wéi déi a Frankräich agefouert géife ginn.

An deem Kontext ass och drun ze erënneren, dass Lëtzebuerg säin Deel am Kampf géint de Klimawandel bäizeroen huet, an dofir d'Land den CO<sub>2</sub>-Ausstouss bis 2030 ëm 55 % reduzéiere wëll. Dozou gehéiert och, de Verkaf vu Bensinn an Diesel progressiv erfroze fieren. D'Zil ass also, dass mëttelfristeg manner Leit aus dem Ausland an Lëtzebuerg tanke kommen, wéi dat haut de Fall ass. Dës Reduktioun ass am groussherzogleche Reglement vum 22. Juni 2022 festgehalen, deen déi järelech Zäregasemissionsreduktioun fir d'Secteur bis 2030 fixéiert.

Schlussendlech ass ze ënnersträichen, dass de Problem vun den héijen Energiepräisser net en nationale Problem ass, mee een, deen de ganze Kontinent betrëfft, a fir deen ee virun allem eng europäesch Approche a Mesur brauch, well nëmmen esou d'Energiepräisser a ganz Europa stabiliséiert a gedréckt kënnen ginn. Lëtzebuerg setzt sech dofir weiderhin aktiv um europäeschen Niveau fir gemeinsam Léisungen an, an an deem Sënn treffen sech d'Energieministeren den 9. September 2022, fir iwwert nächst Schrëtt ze beroden.

D'Regierung hëlt d'Präisdeierecht bei der Energie ganz eescht. Sou gouf an deem Joer nom Energiepräis an der Tripartite schonn direkt Hëllef an Héisch vum 923 Milliounen Euro an zousätzlech staatlech Garantien an Héisch vu 500 Milliounen Euro decidéiert, fir d'Bierger an d'Entreprise finanziell an dësen Zäiten ze ënnerstëtzen. Sou gouf notament den Energie-Steierkredit agefouert souwéi och d'Primm Energie, fir de Menagé mat niddregen Akommes ënner d'Aerm ze gräifen.

#### Prolongation de la remise sur le mazout | Question 6711 (25/08/2022) de M. Fred Keup (ADR)

De 25. August war am „Quotidien“ ze liesen, dass de Präis vum Gas zu Lëtzebuerg bis zum Enn vum Wanter



ëm 90 % klamme soll. Haushaltscliente mussen schon am Oktober mat Präissteigerung vum 80 % rechnen. Bis de Januar 2023 sollen ausserdeem d'Stroumkäschten ëm bis zu 35 % klammen, während d'Reduktion vum den Accisen um Mazout vu 7,5 Cent de Liter den 31. Dezember soll auslafen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

– De Wanter fänkt am Kalenner réischt den 21. Dezember un. kéint d'Regierung sech virstellen, d'Reduktion vum den Accisen um Mazout bis den Ufank vum Fréijoer am Kalenner, den 21. März 2023 ze verlängeren?

**Réponse** (28/09/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

D'Regierung huet sech zesumme mat den dräi Gewerkschaften OGB-L, LCGB a CGFP, souwéi dem Patronat den 20. September 2022 op en historeschen Tripartite-Accord géeneegt, fir de Problem vum der Inflation unzupaken. Dëst gëtt doduerch erreecht, datt d'Energiepräisser konsequent fir d'Leit ofgebremst ginn.

D'Haussé vum de Gaspräisser wäerten op e Maximum vu 15 % par rapport zum 30. September 2022 ofgebremst ginn. D'Elektreschpräisser wäerten op de Präis vum 30. September 2022 ofgebremst ginn, an e ganze Pak vu Mesuren, fir d'energetesch Transition ze acceleréieren, op de Wee bruecht ginn.

Ee weidert Resultat vum de Verhandlungen an der Tripartite ass, dass d'Remise um Masuttspräis vu 7,5 Cent pro Liter, déi den 31. Dezember dëst Joer ausleef, bis den 31. Dezember 2023 verlängert gëtt. Zousätzlech gëtt d'Remise vu 7,5 Cent pro Liter ab November op 15 Cent pro Liter eropgesat.

Donieft gëtt eng Mesure, fir d'Präisshausse bei de Pellets ofzefiedereen, ausgeschafft.

**Réforme du réseau RGTR** | Question **6714** (26/08/2022) de **Mme Martine Hansen** | **M. Aly Kaes** (CSV)

D'Reform vum RGTR-Réseau huet ënner anerem d'Schafe vum enger Partie neie Linnen, d'Ofschafe vum anere Linnen a vill Ännerunge bei den Horaires mat sech bruecht. Wann och villes vun all deem ze begreissen ass, sou bréngt d'Neiopstellung vum RGTR-Netz awer och eng Partie Nodeeler mat sech, virun allem an de ländleche Regiounen. An der Suite e puer Beispiller:

Op verschidde Verbindungsinnen tëschent Hauptachsen an/oder Garé komme méi kleng Bussen zum Asaz, deelweis mat enger ganz niddereger Transportkapazität. Eisen Informatiounen no kënn et hei ëmmer nees zu Fäll, wou dës mat enger Camionnette vergläichbar Busse scho voll sinn, wa si op den Arrête stallhalen. Fir déi Leit, déi dee Moment do stinn op de Bus ze waarden, bedeit dat, dass si net kënnen matfueren an entweder op deen nächste waarden oder sech no enger anerer Transportméiglechkeet ëmkucke mussen.

Dës Problem stellt sech virun allem och fir d'Lycéeschüler, déi am ländleche Raum wunnen an drop ugewise sinn, Plaz am Bus ze fannen, fir an d'Schoul ze kommen. Hei sief d'Linn 146 Kautebaach/Gare–Géisdref–Wolz/Lycée du Nord als Beispill genannt. Den entspreche Bus kënn elo nëmme méi all Stonn. Virun ass an den Hauptzäiten all hallef Stonn e Bus gefuer. Well d'Passagéier sech elo net méi op zwee Bussen an enger Stonn verdeelen, ass d'Chance duebel esou grouss, dass de Bus voll ass, wann e kënn.

Follgende Problem stellt sech op der Linn 170 Ettelbréck–Dikrech–Huldang/Schmëtt: Am Ettelbrécker

Lycée geet um 14.50 Auer d'Schell, den Depart op der Gare routière zu Ettelbréck ass awer ëm genau déi selwecht Auerzäit virgesinn. Well et de Bus um 15.18 Auer net méi gëtt, mussen d'Schüler bis 15.50 Auer waarden. Sou geet de Schüler vill Zäit verluer, déi si anescht kéinten notzen.

An deem Kontext wëlte mir follgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte stellen:

1. Huet den Här Minister Kenntnis vum beschriwwene Problem mat de Minibussen op der Linn 146?

– Wa jo, kann den Här Minister eis driwwer informéieren, op wéi enge Linnen et dës Problem nach gëtt?

– Wéi dacks stellt dee Problem sech pro Woch a wéi vill Leit kënnen doduerch net matgeholl ginn?

2. Huet den Här Minister Kenntnis vum beschriwwene Problem mam Horaire vum der Linn 170, deen net op de Schoulschluss vum Ettelbrécker Lycée ausgerichtet ass?

– Wa jo, wéi eng Léisung proposéiert den Här Minister, am Interessi vum de Schüler?

3. Ganz allgemeng, wéi eng Ännerung plangt den Här Minister um RGTR-Busreseau virzehuelen, fir sécherzestellen, dass jiddereen, deen de Bus wëllt oder muss huelen, och Plaz dra kritt?

**Réponse** (28/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Aktuell huet nach keen Usager, Betrib an och keng Gemeng dës Problem op der Linn 146 Wiltz–Goesdorf–Kautenbach gemellt. Meng Servicer kruten eng punktuell Reklamatioun op der Linn 147 Wiltz–Nocher–Goebelsmuehle, wou de Bus duerch eng Touristegrupp beluecht war.

Ab dësem September wäert de Schülerreseau vum regulären RGTR getrennt sinn; ech verweisen hei op d'Erklärungen am Gesetzesprojet fir d'Finanzéierung vum RGTR-Réseau an d'Soumissioun vum RGTR-Réseau, wéi och op de Gesetzesprojet fir d'Finanzéierung vum Schoultransport. Déi Trennung erlaabt, dass an esou Fäll méi séier ka reagéiert ginn an d'Kapazitéiten, wann néideg, ugepasst kënnen ginn.

ad 2. Bis elo ass dës Problem nach net un ons eruedroeg ginn.

D'Linn 170 Ettelbréck–Diekirch–Huldange ass eng vun de wichtegste Buslinien am nördlechen Deel vum Land, dës Linn huet eng wichteg Verbindungsfunktioun vum der Gare Lëtzebuerg, duerch hir Korrespondenz mat der Linn 10 vum de CFL, bis erop op d'Schmëtt.

Och hei si mir duerch d'Aféierung vum separate Schülerreseau am September an der Lag séier ze reagéieren, wann dat néideg sollt sinn.

ad 3. Mat der Erneuerung vum de Bussen am RGTR-Réseau wäerten dës komplett mat automatesche Compteuers equipéiert ginn, dës erlaben ons, eng systematesch Analys vum de Kapazitéiten ze maachen an dës unzupassen. Meng Servicer am Ministère wéi och d'Verwaltung fir ëffentlechen Transport ass awer och ëmmer disponibel fir d'Bierger, d'Betriber an d'Gemengen; wa Problemer gemellt ginn, da ginn dës analyséiert a wa méiglech déi néideg Upassung gemaach.

Prinzipiell muss een natierlech tëscht Bussen an engem urbane Kontext a Bussen an engem rurale Kontext ënnerscheeden. Am ländleche Raum ass d'Zil, dass jiddereen eng Sätzplaz soll kréien, d'Busse sinn dann och deementspreechend dimensionéiert an equipéiert. Am éischer urbane Raum sinn d'Distanze méi kuerz an d'Bussen esou equipéiert, dass ee méi Plaz huet fir dran ze stoen.

**Conséquences juridiques dans le cadre des manifestations contre les mesures sanitaires de lutte contre le Covid-19 du 15 janvier 2022** | Question **6716** (26/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5512 iwwert de Confinement vum enger Manifestatioun an der Avenue de la Liberté huet d'Regierung iwwert d'Verhale vum eenzele Manifestanten dat hei geschriwwen: „Während den Identitéitskontrolle war et der Police nach méiglech, vereenzelt Leit erauszehuelen, déi sech während der Manifestatioun enger Strofdot schëlleg gemaach hunn [...] D'Police huet cibléiert eenzel Persounen, déi Strofdote begaangen hunn, respektiv probéiert hunn, d'Manifestatioun géint d'Police opzeheizen, missen aus der Manifestatioun eraushuelen.“

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

– Kann d'Regierung matdeelen, a wéi ville Fäll et tatsächlech zu enger juristescher Prozedur géint Leit kouw, déi deen Dag un der Manifestatioun deelgeholl hunn, an a wéi ville Fäll et och zu enger Verurteilung kouw?

**Réponse** (23/09/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

Am Zesummenhang mat der Manifestatioun, déi de 15. Januar 2022 stattfonnt huet, sinn dem Procureur d'État bis elo 9 Procès verbaux virgeluecht ginn. An deenen 9 Fäll ass eng juristesche Prozedur ageleet ginn, woubäi et zu dësem Zäitpunkt zu 3 Verurteilungen kouw.

**Protection des données dans le cadre des manifestations contre les mesures sanitaires de lutte contre le Covid-19 du 15 janvier 2022** | Question **6717** (26/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5512 iwwert de Confinement vum enger Manifestatioun an der Avenue de la Liberté huet d'Regierung zu der Fro vum der Erhiewung vu perséinlechen Donnéeën dat hei geschriwwen: „D'Donnéeë vum enger Identitéitskontroll kënnen laut dem Artikel 5 vum Policegesetz bis maximal sechs Méint gehale ginn, wann näischt géint déi concernéiert Persoun virläit. Generell ginn Telefonsnummere vum de Leit net opgeschriwwen.“

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Policeminister gär dës Fro stellen:

– Kann den Här Minister confirméieren, datt sämtlech Donnéeë vu Leit, déi de 15. Januar un där entsprecherender Maniff deelgeholl hunn, méttlerweil gelöscht goufen?

**Réponse** (07/09/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

Mat Ausnam vum den Donnéeë vu Leit, déi de 15. Januar bei där entsprecherender Manifestatioun a judiciaire Affären involvéiert waren, goufen all gespäichert Donnéeën an der Tëschenzäit gelöscht.

**Présence luxembourgeoise à la foire du livre de Francfort** | Question **6720** (26/08/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

An engem Interview mam „Luxemburger Wort“ vum 19. August 2022 („Die Akte 'alac' und der schwierige Weg einer notwendigen Reform“) gëtt am Zesummenhang mat der Reform vum der „Agence

PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L - 3208 BETTEMBOURG

luxembourgeoise d'action culturelle" och d'Theema vun der Lëtzebuurger Presenz op der Frankfurter Buchmesse (FBM) abordéiert. De Spriecher vum Kulturministère huet kloergestallt, datt den „Arts Council Kultur:LX“ an Zukunft „sämtliche Auslands- und Exportmissionen des Kulturministeriums übernehmen sollte“.

Et gëtt een awer enttäuscht, wann een op den offizielle Websäite vum Kulturministère, vun der alac ([www.culture.lu](http://www.culture.lu)) a vum „Arts Council Kultur:LX“ Informatiounen iwwer d'Lëtzebuurger Presenz op der FBM 2022 sicht (Stand: 25.8.2022). Op der Websäit [www.culture.lu](http://www.culture.lu) bezéie sech déi dräi eenzeg Bäitrag zur FBM op d'Joer 2018, op der Websäit vum „Arts Council Kultur:LX“ fënnt een „Keine Neuigkeiten“ zu deem Thema, an op der offizieller Säit vum Kulturministère bezitt sech dee leschte Bäitrag op d'FBM 2020. Well een och op der Websäit vun de Lëtzebuurger Bichereditoren net gewuer gëtt, ob Lëtzebuerg iwwerhaupt op der FBM 2022 vertrueden ass, muss ee schonn duerch d'Lescht vun den iwwer 2.700 Aussteller op der offizieller Websäit vun der FBM scrollen, fir op den „Arts Council Kultur:LX“ ze stoussen. An och hei gëtt een näischt Genaues iwwer de Lëtzebuurger Stand gewuer. Et liest ee just een englesche Saz iwwer d'Diversitéit vun der Lëtzebuurger Bicherproduktioun.

An deem Zesammenhang hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

1. Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt Lëtzebuerg op der Frankfurter Buchmesse 2022 vertrueden ass?

2. Wa jo, kann d'Madamm Minister Informatiounen zum Lëtzebuurger Stand an zu de vertruedene Bichereditoren ginn?

3. Kann d'Madamm Minister Prezisiounen zur finanzieller Bedeelegung vum Staat un der Lëtzebuurger Presenz op der FBM 2022 ginn?

4. Wat mécht d'Regierung, fir d'Lëtzebuurger Presenz op der FBM 2022 an der Effentlechkeet ze

promouvéieren, beispillsweis fir Bicherfrënn dozou ze beweegen, op Frankfurt ze fueren?

5. Leien der Madamm Minister Informatiounen vir, ob um Lëtzebuurger Stand och d'Theema Ukrainkrich thematiséiert wäert ginn, sou wéi dat mat grousser Warscheinlechkeet op deene meeschten anere Stänn wäert de Fall sinn?

**Réponse (14/09/2022) de Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture**

Entgéint de Behauptungen vum honorabelen Deputéierten an der Aféierung op seng parlamentaresch Fro gëtt déi lescht Editioun (2021) vun der Frankfurter Buchmesse (FBM) souwuel um Site vum Kulturministère, wéi och op [culture.lu](http://culture.lu) an um Site vu Kultur | LX dokumentéiert<sup>16</sup>.

ad 1. Esou wéi dat fir 2021 de Fall war, organiséiert och dëst Joer Kultur | LX – Arts Council Luxembourg d'Lëtzebuurger Presenz op der FBM, dat vum 19. bis den 23. Oktober 2022.

ad 2. 2022 wäerten um Lëtzebuurger Stand Nr. G26 an der Hal 3.1 op 24 m<sup>2</sup> 10 Verlagshaiser vertruede sinn, déi insgesamt 37 Publikatiounen an de Genrë Fiktioun, Non-Fiktioun souwéi Kanner- a Jugendbicher presentéiere wäerten, dat a fënnef Originalsproochen: Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch, Englesch, an Italienesch.

D'Editiounshaiser, déi deelhuele, sinn: Black Fountain Press; capybarabooks; Editions Guy Binsfeld; Editions Schortgen; Ernster Editions; Hyde Editions;

KIWI E.L.G.; Kremart Edition; PassaParola Editions; Perspektiv Editions.

ad 3. Den aktuelle previsionnelle Budget. dee vu Kultur | LX fir d'Lëtzebuurger Presenz op der FBM virgesinn ass, beleeft sech op 130.000 Euro. Dorënner falen ënnert anerem folgend Käschten: d'Locatioun, den Design an d'Logistik vum Stand, den Transport vun de Bicher, d'Prise en charge vun de Fraise vun den Editeuren an Editricen, déi un der FBM deelhuele (Rees- an Hotelskäschten), d'Publikatioun vun dräi Kataloge fir de Verkaf vu Rechter, Fraise fir Kommunikatioun souwéi och fir Networking-Eventen.

ad 4. D'Erausfuerderung vun enger Presenz op der FBM ass an éischter Linn, d'Visibilitéit ze garantéieren an d'Lëtzebuurger Editiounshaiser a Kontakt ze setze mat internationale Fachleit aus dem Bichersecteur, mam Zil Rechter a Lizenzen ze verkafen oder ze kafen.

D'FBM ass grondsätzlech eng B2B-Foire a Kultur | LX ass aktuell a Kontakt mat internationalen Editeuren, Agenten a Journalisten, fir d'Lëtzebuurger Presenz zu Frankfurt ze preparéieren. En Networking-Event tëscht Lëtzebuurger Editeuren/Editricen an internationale Fachleit fënnt zum Beispill den 20. Oktober 2022 statt.

Am Virfeld vun der Foire organiséiert Kultur | LX verschidde Workshops, fir d'Editeuren/Editricen ze begleeten an ze ënnerstëtzen, fir Terminer ze maachen an hiert Netzwierk weider auszebauen.

Wat d'Sensibiliséierung vun der breeder Effentlechkeet ugeet, ass d'Kommunikatioun mat der Lëtzebuurger Press an d'Diffusioun vun den Informatiounen an de Lëtzebuurger Netzwerker (an doriwwer eraus) fir Mëtt September virgesinn. Et ass effektiv immens wichteg, d'Dynamik vun der lëtzebuergescher literarescher Kreatioun engem lokale Public nach méi bewosst ze maachen.

ad 5. De Lëtzebuurger Stand konzentréiert sech op dat generell Thema vun der dësjäreger FBM: „Translate. Transfer. Transform.“ a wäert keng Theemen zum Krich an der Ukrain ubidden.

<sup>16</sup> [mc.gouvernement.lu: https://mc.gouvernement.lu/fr/actualites/gouvernement/2Bfr%2Bactualites%2Btoutes\\_actualites%2Bcommuniques%2B2021%2B10-octobre%2B22-tanson-buchmesse.html](https://mc.gouvernement.lu/fr/actualites/gouvernement/2Bfr%2Bactualites%2Btoutes_actualites%2Bcom%2Bmuniques%2B2021%2B10-octobre%2B22-tanson-buchmesse.html)  
[https://www.culture.lu/blog/articles/interviews/de-jean-philippe-rossignol-iwwert-dfrankfurter-buchmesse-dletzebuurgerkulturx.lu](https://www.culture.lu/blog/articles/interviews/de-jean-philippe-rossignol-iwwert-dfrankfurter-buchmesse-dletzebuurger-kulturx.lu)  
<https://www.kulturx.lu/en/event/books-from-luxembourg-fbm-uk/>  
<https://www.kulturx.lu/en/media-resources/press-kit-frankfurter-buchmesse/>



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfille beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeën ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ  
PS/799



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Compte rendu officiel

## D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-08

Nouvelles lois

p. 09

Séances publiques n<sup>os</sup> 71 et 72

p. 09-61

Questions au Gouvernement

p. 61-99

2021-2022

# N°25

CHAMBRE  
DÉPUTÉS





## Sommaire

Actualité parlementaire ..... p. 03-08

Nouvelles lois ..... p. 09

Séances ..... p. 09-61

71<sup>e</sup> séance du jeudi 14 juillet 2022 ..... p. 09-40

72<sup>e</sup> séance du mercredi 28 septembre 2022 ..... p. 41-61

Questions au Gouvernement ..... p. 61-99

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Contenu rédactionnel :

Chambre des Députés  
23, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg  
Tél. 466 966-1

#### Impression :

Imprimerie Heintz  
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

#### Date d'impression :

20/03/2023

#### Concept et layout :

brain&more  
agence en communication,  
Luxembourg





Visite officielle en Espagne

## « L'Espagne et le Luxembourg, unis par un profond sentiment européen »



*La délégation parlementaire luxembourgeoise a été reçue par la Présidente du Congrès des Députés espagnol, Mme Meritxell Batet (au milieu).*

L'Espagne et le Luxembourg sont des partenaires de longue date qui partagent leur engagement pour une Union européenne forte. Pourtant, la visite du Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, le 6 mars 2023 à Madrid était une première. Il était accompagné à cette occasion du Vice-Président de la Chambre, M. Marc Spautz, de M. Claude Wiseler, membre du Bureau, ainsi que du Secrétaire général de la Chambre, M. Laurent Scheeck.

« Je suis fier d'avoir le privilège d'effectuer la première visite d'un Président de la Chambre des Députés auprès du Congrès des Députés », a déclaré M. Etgen face à son homologue, Mme Meritxell Batet, Présidente du Congrès des Députés, la chambre basse du parlement bicaméral espagnol. La visite officielle parlementaire à Madrid s'inscrit dans la volonté de la Chambre des Députés de nouer des liens forts et de dynamiser les relations bilatérales avec les parlements des partenaires historiques du Grand-Duché. Suite à une première visite parlementaire à Londres en mai 2022 depuis des décennies, c'était au tour de l'Espagne, pays qui assurera la prochaine présidence du Conseil de l'Union européenne à partir du 1<sup>er</sup> juillet 2023.

Les stratégies et le fonctionnement de l'Union européenne dans un contexte de crises multiples étaient les principaux sujets des discussions entre les membres de la délégation parlementaire luxembourgeoise et les différents interlocuteurs espagnols : le Secrétaire d'État aux Affaires européennes, M. Pascual Ignacio Navarro Ríos, des membres du Comité mixte de l'Union européenne et leur Présidente, Mme Susana Sumelzo, ainsi que le Président de la Commission des Affaires étrangères du Parlement espagnol, M. Pau Marí-Klose.

Même si l'Espagne et le Luxembourg connaissent des problématiques différentes de par leur situation géographique – l'un se trouvant en périphérie, l'autre dans une position centrale au sein de l'Union européenne – les deux pays « sont unis par un profond sentiment européen et par la conviction que leur destin est intimement lié à celui de l'UE », a affirmé le Président de la Chambre des Députés. Un point de vue confirmé par l'ensemble des interlocuteurs

espagnols qui ont souligné l'importance de défendre les valeurs européennes.

« Face aux multiples crises que nous traversons depuis plusieurs années et qui menacent notre cohésion, la réponse doit être européenne. Je suis ravi de constater que l'Espagne s'engagera en faveur d'une Union européenne renforcée qui aura les capacités et les moyens d'améliorer le quotidien des citoyens de l'Union européenne », a ajouté M. Etgen. Dans ce contexte, la question des suites à donner à la Conférence sur l'avenir de l'Europe, initiative européenne qui invitait l'année dernière les citoyens à dessiner l'avenir de l'UE, a été évoquée. Les interlocuteurs espagnols se sont dits « ouverts » quant à des réformes à mener dans le but de rendre le fonctionnement de l'Union européenne « plus efficace et plus proche des attentes des citoyens ».

Le Président de la Chambre des Députés a également souligné l'importance de la dimension parlementaire de la présidence du Conseil de l'UE. « Nous sommes convaincus du rôle important que peuvent jouer les parlements dans la conception et la mise en œuvre de la stratégie de l'Union européenne. » Cette position a été largement partagée par les représentants du Parlement et du Gouvernement espagnols. La Présidente du Congrès a annoncé trois conférences thématiques interparlementaires, en plus des réunions habituelles, qui devraient mettre l'accent sur les menaces contre le parlementarisme, l'égalité entre femmes et hommes et la transition écologique. « Nous vivons un moment européen unique que nous devons saisir pour renforcer l'Union », a constaté Mme Batet.

### Quelles perspectives pour la présidence espagnole du Conseil de l'UE ?

Au cours des différentes entrevues, les députés luxembourgeois se sont renseignés sur les priorités de la présidence espagnole. Un des axes défendus par l'Espagne est l'« open strategic autonomy » de l'Union européenne qui est censé garantir une plus grande indépendance d'approvisionnement énergétique aux membres de l'UE et qui a connu un nouvel essor après la pandémie de Covid-19 et la guerre d'agression russe contre l'Ukraine.

Les efforts des pays européens pour réduire leur dépendance énergétique de la Russie et pour investir dans des alternatives pourraient ainsi ouvrir de nouvelles perspectives de collaboration, ont constaté les députés.

En Espagne, les sources d'énergies renouvelables que sont l'hydrogène, le solaire et l'éolien représentent plus d'un tiers de la production énergétique. L'Espagne s'engage également pour développer davantage les réseaux d'approvisionnement et pour débloquer la possibilité pour les membres de l'UE d'effectuer des achats groupés sur les marchés de l'énergie.

Sous le signe de la guerre en Ukraine, l'agenda de la présidence s'annonce « compliqué », a expliqué le Secrétaire d'État aux Affaires européennes face à la délégation luxembourgeoise. Parmi les défis présentés aux députés figurent la volonté de trouver un consensus concernant la problématique migratoire ainsi que le positionnement stratégique des relations économiques et commerciales des pays européens dans un contexte de conflits géopolitiques, concernant notamment les États-Unis, la Chine et l'Amérique latine.

### 8.000 Espagnols au Luxembourg, « une communauté intégrée de manière exemplaire »

Les députés ont évoqué les liens importants entre les deux pays, créés aussi bien par les ressortissants espagnols installés au Grand-Duché que les ressortissants luxembourgeois installés en Espagne.

Le Luxembourg compte quelque 8.000 résidents de nationalité espagnole, leur nombre ayant doublé depuis 2011. Il s'agit d'« une communauté qui s'est intégrée de manière exemplaire et qui contribue au caractère cosmopolite de notre pays », a affirmé M. Etgen.

Concernant les ressortissants luxembourgeois en Espagne, ils ne sont que 700, mais leur nombre s'agrandit en saison touristique, étant donné que l'Espagne est la troisième destination préférée des Luxembourgeois. Lors d'une rencontre organisée à Madrid, les députés ont eu l'occasion de faire connaissance de quatre résidents luxembourgeois afin de mieux connaître leur quotidien.



Visite officielle en Arménie et en Géorgie

## « Le conflit au Haut-Karabagh ne doit pas tomber dans l'oubli »

C'est à Yerevan, capitale de l'Arménie, qu'a débuté la première partie de la visite officielle d'une délégation luxembourgeoise du Bureau de la Chambre des Députés, sous la conduite de la Vice-Présidente de la Chambre, qui s'est déroulée dans la région du Caucase du 26 février au 1<sup>er</sup> mars 2023. Mme Djuna Bernard était accompagnée à cette occasion de M. Yves Cruchten, membre du Bureau et Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile, ainsi que de M. Claude Wiseler et de Mme Martine Hansen, membres du Bureau.

Les députés luxembourgeois ont eu l'occasion de rencontrer plusieurs dignitaires arméniens. Ils ont ainsi pu s'entretenir avec le Président de l'Assemblée nationale de la République d'Arménie, M. Alen Simonyan, et avec le Premier Ministre arménien, M. Nikol Pashinyan. Ils ont également rencontré le Secrétaire du Conseil de sécurité, M. Armen Grigoryan, ainsi que les représentants du Groupe d'amitié Arménie-Luxembourg de l'Assemblée nationale et des représentants d'organisations non gouvernementales.

### L'Arménie reste menacée dans un contexte géopolitique tendu face à l'Azerbaïdjan

Un sujet est revenu systématiquement lors des échanges : le conflit qui oppose l'Arménie à son voisin, l'Azerbaïdjan, et plus particulièrement les enjeux liés au territoire du Haut-Karabagh. Pratiquement tous les représentants arméniens ont partagé un sentiment : il ne faut pas que la situation internationale actuelle, liée à la guerre en Ukraine, mène à ce que les tensions et la situation humanitaire en relation avec le Haut-Karabagh soient « oubliées » et sortent de la sphère des préoccupations des puissances internationales.

Le blocage de la route d'accès au corridor de Latchine, qui relie l'Arménie et le Haut-Karabagh, a été cité à plusieurs reprises. Ce blocage entraîne, selon les représentants arméniens, une crise humanitaire au Haut-Karabagh. Les députés luxembourgeois ont reconnu à cette occasion que la situation au Haut-Karabagh avait été partiellement éclipsée par la guerre en Ukraine. Ils ont cependant tenu à souligner que la visite officielle qu'ils mènent en Arménie vise à montrer que le Luxembourg ne considère pas le conflit entre l'Arménie et l'Azerbaïdjan comme résolu.



La Vice-Présidente de la Chambre, Mme Djuna Bernard, avec le Président de l'Assemblée nationale de la République d'Arménie, M. Alen Simonyan

### Que demandent les Arméniens au Luxembourg ?

La Vice-Présidente de la Chambre a tenu à assurer aux différents interlocuteurs arméniens que la position du Luxembourg était claire, affirmant que « nous sommes du côté de l'Arménie et nous voulons une paix qui respecte la souveraineté du pays ».

Questionnés par les députés sur ce qu'ils attendaient de la part du Luxembourg, les représentants arméniens ont affirmé que des initiatives, comme la participation d'un représentant des forces de l'ordre luxembourgeois à une mission civile de l'Union européenne en Arménie, étaient d'une grande aide et avaient un effet dissuasif sur l'Azerbaïdjan, qui serait toujours en train de chercher des raisons pour justifier des interventions supplémentaires dans le Haut-Karabagh et pèserait les conséquences d'éventuelles actions militaires.

Au-delà de cet exemple concret, les représentants arméniens ont affirmé qu'ils attendaient également des acteurs luxembourgeois qu'ils fassent pression sur les

responsables politiques d'Azerbaïdjan afin d'aider à aller vers une résolution du conflit et une stabilisation des relations entre les deux pays.

Les représentants arméniens n'ont pas manqué de saluer plusieurs initiatives luxembourgeoises, notamment deux motions déposées par M. Claude Wiseler et M. Laurent Mosar et adoptées par la Chambre des Députés en 2020. Ces textes sont particulièrement critiques sur le rôle de la Turquie dans le dossier du Haut-Karabagh.

### Les relations avec la Russie dans le contexte de la guerre en Ukraine

Les relations de l'Arménie avec la Russie ont été abordées au cours de plusieurs échanges entre les députés et les représentants arméniens. Ces derniers ne cachent pas le fait que la Russie dispose de nombreux « points de pression » pour influencer l'Arménie, parmi lesquels la grande dépendance énergétique de celle-ci envers la Russie. Mais il y a aussi une dimension sécuritaire, notamment parce que la Russie dispose de personnel militaire stationné au Haut-Karabagh, qui a jusqu'à présent été présenté comme une force « pacificatrice » censée avoir une fonction de maintien de la paix.

Le Président de l'Assemblée nationale de la République d'Arménie, M. Alen Simonyan, a affirmé que les Arméniens avaient longtemps pensé que la Russie allait les soutenir dans les différends qui opposent leur pays à l'Azerbaïdjan, mais que cette perception avait changé, notamment parce que la Russie semble désormais entièrement préoccupée par la situation en Ukraine et que sa position était ambivalente en ce qui concerne le Haut-Karabagh. Le Premier Ministre arménien, M. Nikol Pashinyan, a quant à lui souligné qu'il fallait encore « démontrer que la démocratie peut aussi garantir la sécurité du pays » et qu'il voyait dans ce postulat un élément important de sa mission politique.

### La mémoire du Génocide

Une visite au Mémorial Tsitsernakaberd, qui commémore le Génocide arménien, a marqué de par la force du symbole le second jour de la visite. À cette occasion, les députés ont déposé une gerbe en mémoire



La délégation parlementaire luxembourgeoise a pu s'entretenir avec des représentants arméniens.

des victimes et ont pu assister à une visite guidée. La presse arménienne avait fait le déplacement pour couvrir l'événement. Le Luxembourg a adopté en 2015 une résolution pour reconnaître le Génocide des Arméniens.

### **Rencontre avec des organisations non gouvernementales arméniennes**

« Le gouvernement et la majorité parlementaire arméniennes ont besoin de contrepoids. » C'est ce qu'ont déclaré en essence les représentants de plusieurs ONG membres du groupement « Article 3 » actives en Arménie lors de leur entretien avec les députés luxembourgeois.

Lors de l'échange, certains des représentants présents à la réunion ont ainsi affirmé que toutes les décisions en faveur de la démocratie prises par le pouvoir politique actuel, qui dispose de 70 % des sièges au parlement, dépendaient du bon vouloir des dirigeants politiques et ne résultaient pas d'un débat avec une véritable opposition démocratique.

Les représentants des ONG ont également égratigné les partis d'opposition arméniens, qu'ils ont qualifiés de « proxys de la Russie ». La vulnérabilité de l'Arménie aux pressions externes, notamment en ce qui concerne ses besoins énergétiques, a également été évoquée. Selon les représentants du groupement « Article 3 », cette vulnérabilité ainsi que d'autres seraient exploitées à des fins d'influence de l'opinion publique, notamment par la Russie, afin de faire croire aux Arméniens que le chemin vers un système plus démocratique était incompatible avec les questions de sécurité. La corruption resterait quant à elle un réel problème en Arménie.

### **« L'accès au statut de candidat à l'adhésion à l'UE est un sujet sensible pour la Géorgie »**

La deuxième partie de la visite officielle a conduit les députés luxembourgeois en Géorgie. Ils ont eu l'occasion de débattre des aspirations européennes de cette dernière et d'une initiative législative géorgienne controversée sur la transparence avec des officiels géorgiens.

« Les citoyens géorgiens comprennent difficilement pourquoi les demandes d'adhésion de l'Ukraine et de

la Moldavie à l'Union européenne sont davantage considérées que celle de la Géorgie. Cela crée un sentiment d'injustice. » Avec certaines nuances, le message que portaient les responsables géorgiens – dont le Président du Parlement, M. Shalva Papuashvili – qui ont débattu avec la délégation luxembourgeoise était le même : il existe en Géorgie une certaine frustration quant au fait que la demande d'accès au statut de candidat à l'adhésion à l'UE n'ait pas encore été accordée à la Géorgie. Cette gêne est renforcée par le fait que l'Ukraine et la Moldavie, dont les demandes d'accès au statut de candidat à l'adhésion ont été introduites pratiquement en même temps que celle de la Géorgie (février 2022 pour l'Ukraine, mars 2022 pour la Géorgie et la Moldavie), se sont déjà vu accorder ce statut.

D'autant plus que, comme le soutient M. Papuashvili, la Géorgie serait « très avancée » en ce qui concerne la mise en place des réformes réclamées par l'Union européenne qui lui permettraient d'accéder au statut de candidat. Le Président du Parlement géorgien a néanmoins dit « voir pourquoi » le statut avait été accordé à l'Ukraine dans le contexte de la guerre de la Russie contre l'Ukraine. La demande des Géorgiens adressée aux députés luxembourgeois était claire : œuvrer pour que le Luxembourg accorde son soutien à la Géorgie dans le cadre de ses aspirations européennes.

La Vice-Présidente de la Chambre des Députés, Mme Djuna Bernard, qui a continué de mener la mission de diplomatie parlementaire du Bureau de la Chambre des Députés en Géorgie, a affirmé que cette dernière « continuerait à avoir le support du Luxembourg pour avancer sur le chemin des réformes nécessaires ». La Commission européenne émettra un avis sur une possible candidature en automne de cette année et le Conseil européen devrait prendre une décision en décembre. Le Vice-Ministre des Affaires étrangères géorgien, M. Alexander Khvtisiasvili, a affirmé lors d'un entretien souhaiter « une appréciation honnête, basée sur le mérite, pour l'automne ».

### **Lois sur les financements étrangers : transparence ou recul de la démocratie ?**

Les députés luxembourgeois ont tenu à aborder le sujet d'une réforme législative sensible en Géorgie. Elle

concerne deux projets de loi sur « La transparence sur l'influence étrangère » et « Le répertoire des agents étrangers ». Pour la majorité parlementaire, dont l'initiative émane, il s'agit de créer plus de transparence sur le financement par l'étranger d'organisations actives en Géorgie.

Les textes sont cependant très critiqués, en Géorgie comme au niveau européen et international. Les critiques y voient une dynamique similaire à ce qui s'est passé en Russie, où des organisations comme des médias et des ONG ont été réduites au silence par un nouveau cadre législatif sur les financements étrangers.

M. Yves Cruchten, membre de la délégation et Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile de la Chambre, a tenu à envoyer un message clair à ses interlocuteurs géorgiens : ce texte serait « une fausse bonne idée » – il y aurait d'autres moyens d'assurer plus de transparence – et risquerait même d'être considéré comme une régression sur le chemin européen de la Géorgie.

### **Visite à la ligne de front du territoire occupé par la Russie**

En plus des réunions de travail, les députés luxembourgeois ont souhaité se rendre compte de la situation sur le terrain en Géorgie. Ils ont à cet effet rencontré M. Davide Sousa, policier luxembourgeois engagé dans la Mission d'observation de l'Union européenne.

Il s'agit d'une mission non armée et destinée à des fins de maintien de la paix qui est opérée par l'Union européenne en Géorgie et a été mise en place en 2008 suite à la guerre de la Russie contre la Géorgie.

La délégation s'est également rendue, en compagnie des services de sécurité géorgiens, dans le village d'Odzisi, à la frontière du territoire occupé par la Russie suite à la guerre de 2008.

Un membre des services de sécurité a expliqué la situation actuelle aux députés, soulignant que la Russie se sert notamment de la détention illégale de personnes arrêtées dans la zone de séparation pour faire pression sur la Géorgie.



Le Président du Parlement géorgien, M. Shalva Papuashvili (au milieu à droite), a reçu les députés luxembourgeois.



Visite officielle du Président du Sénat de la République Démocratique du Congo

## « La République Démocratique du Congo a besoin de paix »

Le renforcement des liens entre la République Démocratique du Congo (RDC) et le Grand-Duché de Luxembourg était un des points discutés lors d'une entrevue des membres du Bureau et des députés membres de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile avec une délégation du Sénat de la RDC le 3

mars 2023 à la Chambre des Députés. Les représentants des deux pays se sont montrés intéressés par une coopération parlementaire qui pourra contribuer à renforcer les relations entre les deux États.

La bonne gouvernance, la lutte contre la corruption et l'établissement d'un État de droit figurent parmi les défis majeurs de la République, a expliqué le Pré-

sident du Sénat de la RDC, M. Modeste Bahati Lukwebo. Il a aussi souligné que son pays visait une situation de paix stable avec les pays voisins, le Rwanda et l'Ouganda. Selon lui, le Luxembourg pourrait soutenir la RDC dans cet engagement en s'exprimant pour la paix. Un député luxembourgeois a voulu savoir quel cadre la RDC privilégierait pour faciliter une situation stable avec ses voisins à la frontière est du pays.

Le Président du Sénat a affirmé qu'un cadre similaire à celui de la Communauté économique des pays des Grands Lacs pourrait être intéressant dans ce contexte. D'après M. Bahati Lukwebo, son pays devrait mettre en place des coopérations bilatérales et multilatérales qui l'aideraient à atteindre l'intégration des communautés.

### Une paix stable pour réaliser des projets communs

L'exploitation des ressources abondantes, tant du continent africain que de la RDC, devrait être un objectif commun – c'est ce qui est ressorti des discussions entre les parlementaires. Le Président du Sénat de la RDC a par ailleurs affirmé qu'il invite les pays européens à s'engager davantage dans des projets d'investissement au sein de son pays. Une situation de paix stable serait tout de même une des conditions pour réaliser des projets communs.

Le Président du Sénat de la RDC a exprimé son souhait de rapprocher les peuples congolais et luxembourgeois, un objectif que les membres de la délégation luxembourgeoise ont salué.



Le Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, a accueilli son homologue congolais, M. Modeste Bahati Lukwebo.

Conférence du Semestre européen et Conférence interparlementaire sur la stabilité, la coordination économique et la gouvernance au sein de l'Union européenne (SCEG)

## Défis économiques et sociaux en période d'incertitude géopolitique

Coprésidéées par le Riksdag suédois et le Parlement européen, la Conférence du Semestre européen ainsi que la Conférence interparlementaire sur la SCEG se sont tenues les 27 et 28 février 2023 à l'hémicycle de Bruxelles. La réponse européenne apportée à la suite de la pandémie et de la guerre actuelle en Ukraine se doit d'être coordonnée et réfléchie, a déclaré la Présidente du Parlement européen, Mme Roberta Metsola, en exhortant les parlementaires à éviter la tentation d'une route protectionniste telle que proposée par certains États. De manière analogue, le Secrétaire général de l'OCDE, M. Mathias Cormann, a rappelé qu'entre 2005 et 2015, les flux migratoires étaient responsables à hauteur de 91 % de la croissance de la population active.

### L'appropriation du cadre de gouvernance économique

La première session plénière dédiée à la révision du cadre de gouvernance économique a soulevé plusieurs questions : Comment améliorer l'appropriation de ce cadre et quel rôle jouent les parlements nationaux dans ce contexte ? Par quels moyens peut-on accroître l'adhésion des États membres aux règles budgétaires communes ?



De gauche à droite : M. Charles Margue et M. Sven Clement, membres de la délégation luxembourgeoise auprès de la Conférence interparlementaire sur la SCEG

Selon M. Sven Clement, membre de la délégation luxembourgeoise auprès de la Conférence interparlementaire sur la SCEG, le nouveau cadre financier pluriannuel (CFP) devrait se baser sur la recherche scientifique afin de garantir la durabilité et la viabilité des finances publiques. Le député s'est dit également préoccupé quant aux plans budgétaires à moyen terme qui limiteraient la flexibilité des décideurs politiques. D'après lui, un gouvernement nouvellement élu devrait disposer de la faculté de renégocier les engagements nationaux quant au budget à long terme de l'UE pour qu'il ne soit pas lié aux décisions d'un gouvernement sortant. M. Clement a plaidé pour davantage d'implication des parlements nationaux dans ce processus décisionnel, ceci en vue d'une adhésion accrue des États membres au CFP. L'appropriation des plans nationaux pourrait être atteinte par le biais de négociations avec toutes les parties prenantes démocratiquement élues. En optant pour cette approche, la considération des objectifs primordiaux que s'est donnée la Commission européenne, à savoir la lutte contre le changement climatique et l'indépendance énergétique, en serait garantie.

### La fiscalité touchant au travail à distance

L'absence d'harmonisation des règles fiscales relatives au télétravail – un phénomène certes catalysé par la pandémie, mais non éphémère – était la thématique de la seconde session plénière. Au-delà des aspects fiscaux, le travail à distance est conditionné par d'autres facteurs tels que la technologie, les fuseaux horaires, le droit du travail ou encore le droit lié à l'immigration.

M. Charles Margue, qui a également représenté la Chambre des Députés auprès de la conférence, est intervenu dans ce contexte pour mettre en exergue la spécificité du Grand-Duché en ce qui concerne le télétravail et souligner la distorsion qui existe entre le marché de l'emploi et l'attractivité des entreprises. Le député luxembourgeois a expliqué qu'en ces temps où la mobilité est un facteur non négligeable ayant une incidence sur l'attractivité d'un employeur, un consensus semble se dégager des discussions autour de la semaine dite « de quatre jours » avec un recours à un jour de travail à distance. Il a déploré que le Luxembourg et ses trois pays limitrophes, qui sont

tous membres de l'UE, se voient actuellement défavorisés par rapport aux pays qui ont signé des accords bilatéraux avec des pays tiers, comme c'est le cas de la France avec la Suisse. L'élus luxembourgeois a finalement sollicité la présidence de la conférence pour que le Grand-Duché puisse endosser le rôle de « laboratoire » en matière de télétravail au sein de l'UE.

### Qu'est-ce que le Semestre européen ?

Instauré en 2011, le Semestre européen est un cycle de coordination des politiques économiques, budgétaires, sociales et de l'emploi au sein de l'UE. S'inscrivant dans le cadre de la gouvernance économique, il consiste en un exercice annuel s'étendant sur les six premiers mois de l'année, pendant lesquels les États membres, notamment via les représentants des parlements nationaux, débattent de la convergence de ces politiques.

Réunion conjointe des commissions de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN

## Les parlementaires de l'AP-OTAN ont réitéré leur soutien indéfectible à l'Ukraine

Réunis à Bruxelles du 20 au 22 février 2023 pour la réunion conjointe des commissions de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN, les parlementaires des États membres de l'Alliance transatlantique, ainsi que de la Suède et de la Finlande, ont exprimé leur soutien sans faille à l'Ukraine, à sa souveraineté, à son

intégrité territoriale, au maintien de la démocratie et son droit à la légitime défense et à l'autodétermination. Ils ont également souligné que la Russie devait être tenue responsable pour tous ses crimes commis en Ukraine, notamment les crimes de guerre et les crimes contre l'humanité.

Ce rendez-vous annuel permet aux parlementaires de s'échanger avec les représentants permanents (c'est-à-dire les ambassadeurs) au Conseil de l'Atlantique Nord (CAN) et avec le Secrétaire général de l'OTAN, qui préside également le CAN, M. Jens Stoltenberg.

Les participants à la réunion du CAN ont réfléchi ensemble aux moyens de renforcer le soutien apporté à l'Ukraine et à la mise en œuvre des décisions historiques prises lors du sommet de Madrid en 2022. Les parlementaires ont discuté de la mise en œuvre du nouveau concept stratégique qui prévoit notamment un recentrage sur la défense collective en réaction à la guerre menée par la Russie, la reconnaissance du défi systémique posé par les autoritarismes russe et chinois et le renforcement de la résilience.

La Présidente de l'AP-OTAN et sénatrice française, Mme Joëlle Garriaud-Maylam, a souligné dans son allocution que la guerre menée par le régime russe constituait également une atteinte à la démocratie et à l'ordre international. Partant, elle a rappelé que l'AP-OTAN proposait la création, au sein du siège de l'OTAN à Bruxelles, d'un centre pour la résilience démocratique afin de permettre un échange de meilleures pratiques et l'enrichissement mutuel au regard des normes démocratiques.

Les parlementaires ont évoqué que les gouvernements des Alliés continuaient à livrer des équipements militaires très variés à l'Ukraine et qu'en même temps, l'OTAN fournissait une assistance militaire non létale ainsi qu'une aide humanitaire importantes.

Les participants ont par ailleurs remémoré ensemble le dispositif de dissuasion et de défense (conventionnel et nucléaire) de l'OTAN, les défis posés par la Chine, la lutte contre les « fake news » et les ingérences dans les techniques de l'information.



La Chambre des Députés était représentée par M. Sven Clement, membre de la Commission des sciences et des technologies de l'AP-OTAN. Il était accompagné de M. Laurent Scheeck, Secrétaire général de la Chambre.



Journée internationale des femmes

## Un député sur trois est une femme



La Chambre des Députés n'a jamais été aussi féminine : avec 21 députées sur 60 élus, les femmes représentent 35 % des parlementaires à la Chambre des Députés. Dans le classement international de l'Union interparlementaire, le Luxembourg se range ainsi à la 46<sup>e</sup> position sur 186 pays en ce qui concerne la représentation des femmes au sein des parlements. La première position revient au Rwanda qui compte 49 femmes parmi 80 élus parlementaires. Les pays voisins du Grand-Duché se placent au 20<sup>e</sup> (Belgique), 35<sup>e</sup> (France) et 45<sup>e</sup> rang (Allemagne) de ce classement.

### La répartition des femmes au Parlement luxembourgeois

Les groupes et sensibilités politiques siégeant à la Chambre des Députés, à l'exception des sensibilités politiques ADR et Piraten, comptent au moins deux femmes dans leurs rangs :

- 5 femmes sur 21 députés pour le groupe chrétien-social (CSV) ;
- 5 femmes sur 10 députés pour le groupe socialiste (LSAP) ;
- 3 femmes sur 12 députés pour le groupe libéral (DP) ;
- 6 femmes sur 9 députés pour le groupe déi gréng ;
- 2 femmes sur 2 pour la sensibilité politique déi Lénk.

Aucune femme ne représente les sensibilités politiques ADR et Piraten à la Chambre.

### La représentation des femmes dans les différents organes de la Chambre des Députés

Une femme préside son groupe parlementaire au sein de la Conférence des Présidents : Mme Josée

Lorsché pour déi gréng. Mme Djuna Bernard, la plus jeune parlementaire au moment de son assermentation, est Vice-Présidente de la Chambre des Députés.

Sur les 29 commissions parlementaires permanentes et spéciales et sous-commissions, neuf sont présidées par des femmes :

- la Commission de Contrôle parlementaire du Service de renseignement de l'État (Mme Martine Hansen) ;
- la Commission des Pétitions (Mme Nancy Arendt) ;
- la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement durable (Mme Tess Burton) ;
- la Commission des Classes moyennes et du Tourisme (Mme Simone Beissel) ;
- la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense (Mme Stéphanie Empain) ;
- la Commission de la Culture (Mme Djuna Bernard) ;
- la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire (Mme Diane Adehm) ;
- la Commission du Logement (Mme Semiray Ahmedova) ;
- la Commission de la Mobilité et des Travaux publics (Mme Chantal Gary).

### La première députée à la Chambre des Députés

L'année 1919 voit l'avènement du droit de vote des femmes. Ainsi, les femmes obtiennent les mêmes droits politiques que les hommes. La même année, une femme est élue députée pour la première fois dans l'histoire du Luxembourg. Mme Marguerite Thomas-Clément assurera ce mandat, avec interruption, jusqu'en 1931. Mme Astrid Lulling était la deuxième femme représentant la population luxembourgeoise au Parlement luxembourgeois. En 1989, pour la première

fois, le « premier citoyen » du Grand-Duché est une femme : Mme Erna Hennicot-Schoepges est élue Présidente du Parlement après avoir siégé à la Chambre de 1979 à 1989. Elle restera Présidente jusqu'en 1995.

Mme Lydie Polfer (DP) peut se prévaloir d'une longue carrière politique au niveau national. Elle a été élue une première fois à la Chambre en 1979 et y siège toujours. Lors de son assermentation, Mme Jessie Thill (déi gréng) avait 25 ans et est la plus jeune députée au Parlement de la législature actuelle. Elle a succédé à M. Carlo Back en janvier 2022.

### Un quota pour les listes électorales au Luxembourg

Afin d'améliorer la parité politique au niveau national, il existe depuis 2016 un quota, fixé à 40 %, pour les listes des élections législatives et européennes. La loi introduit des sanctions financières pour les partis qui ne respecteraient pas ce quota. Plus un parti s'écarte du seuil minimal de 40 %, plus grande sera la sanction financière.

### La parité dans les parlements seulement dans 80 ans ?

En 2022, la proportion de femmes parlementaires dans le monde a atteint un taux de 26,5 %, ce qui est une progression par rapport aux années précédentes, selon la dernière édition du rapport de l'Union interparlementaire. Il s'agit cependant d'une progression faible, souligne ce rapport intitulé « Les femmes au parlement en 2022 : regard sur l'année écoulée ».

Il constate que « pour la première fois, il n'existe pas un seul parlement au monde qui ne compte aucune femme parlementaire », mais conclut que le niveau de progression est tellement lent et qu'à ce rythme, la parité hommes-femmes dans les parlements ne sera atteinte que dans plus de 80 ans.

## Adaptation de la subvention de loyer

### 8000B – Projet de loi relative à une subvention de loyer

Le projet de loi a pour objet l'adaptation de la subvention de loyer en élargissant les critères d'accès et en augmentant les montants alloués dans le cadre de ladite subvention.

Il était initialement prévu de transposer toutes les mesures en matière de logement dans le projet de loi initial (n° 8000) ensemble avec d'autres mesures ciblées visant à atténuer les effets des pressions inflationnistes aussi bien sur les entreprises que sur les ménages (cf. Accord Tripartite du 31 mars 2022).

Le présent projet de loi entend introduire anticipativement au 1<sup>er</sup> août 2022 toutes les adaptations relatives à la subvention de loyer qui sont d'ores et déjà prévues par le projet de loi n° 7938 reformant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement.

Dépôt du projet de loi 8000 par Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 29/04/2022

Rapporteuse : Mme Semiray Ahmedova

#### Travaux de la Commission spéciale « Tripartite »

(Président : M. Gilles Baum) :

05/05/2022 Présentation du projet de loi

24/05/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État

Scission du projet de loi 8000 en deux projets de loi distincts : 8000A et 8000B

#### Travaux de la Commission du Logement

(Présidente : Mme Semiray Ahmedova) :

02/06/2022 Présentation du projet de loi 8000B

10/06/2022 Adoption d'une série d'amendements parlementaires

30/06/2022 Désignation d'un rapporteur

Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État

07/07/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 14/07/2022

Loi du 22 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 396, page 1

## Mesures pour le cas de crise soudaine sur le marché de l'énergie

### 8020 – Projet de loi portant modification de : 1° la loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel ; 2° la loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité

Le projet de loi a pour objet de modifier la loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel et la loi du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité, et plus précisément les dispositions autorisant la prise de mesures de sauvegarde temporaire en cas de crise soudaine sur le marché de l'énergie ou de menace pour la sécurité physique ou la sûreté des personnes, des ouvrages électriques ou pour l'intégrité des réseaux.

En effet, en raison de la situation géopolitique actuelle liée à la guerre en Ukraine, les marchés de l'énergie sont sous tension depuis plusieurs mois et il pourrait se produire des ruptures d'approvisionnement – surtout en gaz naturel – dans certaines régions de l'Union européenne dont potentiellement le Luxembourg.

Ces ruptures pourraient mener à l'activation d'un plan d'urgence relatif à la sécurité d'approvisionnement en gaz naturel du Luxembourg, établi dans le cadre du règlement (UE) 2017/1938 du Parlement européen et du Conseil du 25 octobre 2017 concernant des mesures visant à garantir la sécurité de l'approvisionnement en gaz naturel et abrogeant le règlement (UE) 994/2010.

Ainsi, par les modifications apportées aux deux lois précitées, le projet de loi vise à garantir la conformité des mesures de sauvegarde qui pourraient être prises avec les normes constitutionnelles et à éviter tout risque d'insécurité juridique. La compétence de prendre les mesures de sauvegarde temporaires ne reviendra dans ce cas précis pas au Gouvernement, mais ce pouvoir sera confié au Grand-Duc.

Dépôt par M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 03/06/2022

Rapporteuse : Mme Jessie Thill

#### Travaux de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

(Président : M. François Benoy) :

06/07/2022 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi

Examen de l'avis du Conseil d'État

08/07/2022 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 14/07/2022

Loi du 27 juillet 2022

Mémorial A : 2022, n° 408, page 1

## 71<sup>e</sup> séance

Présidence : M. Fernand Etgen, Président | M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

### Sommaire

1. **Ouverture de la séance publique** ..... p. 10  
M. Fernand Etgen, Président
2. **Débat d'orientation au sujet de la modernisation et des défis de notre système fiscal (suite)** ..... p. 10  
Débat (suite) : M. Dan Kersch (interventions de M. Sven Clement et M. Marc Goergen | M. François Benoy (interventions de M. Gilles Roth) | M. André Bauler (dépôt de la motion 1) | M. Roy Reding (intervention de M. Michel Wolter) (dépôt de la motion 2) | Mme Nathalie Oberweis (interventions de M. Pim Knaff) | M. Sven Clement (interventions de M. Gilles Baum et M. Dan Kersch) | M. Laurent Mosar (intervention de M. Dan Kersch)
3. **Dépôt d'une proposition de loi par M. Laurent Mosar** ..... p. 26  
Exposé : M. Laurent Mosar
4. **Débat d'orientation au sujet de la modernisation et des défis de notre système fiscal (suite)** ..... p. 27

Débat (suite) : M. Laurent Mosar | M. Gilles Baum

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances (interventions de M. Gilles Roth et M. Dan Kersch) | M. Dan Kersch (parole après ministre) | Mme la Ministre Yuriko Backes

Motion 1 : M. Gilles Roth | M. Roy Reding | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen

Vote sur la motion 1 (adoptée)

Motion 2 : M. Roy Reding | M. Marc Goergen | M. Dan Kersch | M. Gilles Baum | Mme Nathalie Oberweis | M. Roy Reding | M. Gilles Roth | M. Dan Kersch

Vote sur la motion 2 modifiée (rejetée)

### 5. 8000B – Projet de loi relative à une subvention de loyer ..... p. 33

Rapport de la Commission du Logement : Mme Semiray Ahmedova

Discussion générale : M. Marc Lies | M. Max Hahn | M. Yves Cruchten | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen





Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre du Logement (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8000B et dispense du second vote constitutionnel

## 6. 8020 – Projet de loi portant modification de :

1<sup>er</sup> la loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel ;

2<sup>o</sup> la loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité ..... p. 37

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire : M. François Benoy (dépôt de la motion 1) (interventions de M. Michel Wolter et M. Yves Cruchten)

Discussion générale : M. Paul Galles | M. Max Hahn | Mme Cécile Hemmen | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8020 et dispense du second vote constitutionnel

Motion 1 : M. Paul Galles | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen | M. François Benoy

Vote sur la motion 1 (adoptée)

## 7. Discours de M. le Président ..... p. 40

M. Fernand Etgen, Président

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert, Vice-Premier Ministre ; M. Claude Turmes, M. Henri Kox et Mme Yuriko Backes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.00 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

## 2. Débat d'orientation au sujet de la modernisation et des défis de notre système fiscal (suite)

D'Chamber fiert de Mëtte mat den Diskussiounen am Kader vun der Orientéierungsdebatt iwwert d'Moderniséierung an d'Erausforderunge vun eisem Steiersystem virun. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. An als éischte Riedner fir de Mëtten ass den honorabelen Här Dan Kersch agedroen. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

### Débat (suite)

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här President. Mir sinn als LSAP wirklech immens frou, dass dës Steuerdebatt, déi op Initiativ vun der LSAP zustane komm ass an net, wéi dat de Moien iertemlech um Radio gesot ginn ass, well d'Regierung drop hält, dass se stattfënnt, elo hei ka stattfannen.

E grouse Merci un déi zwee Rapporturen an un all déi, déi dës Debatt mat vill interessantem Input gefördert hunn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kersch, den Här Clement wëllt Iech schonn eng Fro stellen.

(Brouhaha)

**M. Dan Kersch** (LSAP) | E soll dat roueg maachen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, merci. Ech hu just eng kleng Fro, Här Kersch. Dir hutt gesot, et wär op Initiativ vun der LSAP an net vun der Regierung gewiescht. Ass d'LSAP dann net méi Member vun dëser Regierung?

(Exclamations)

**M. Dan Kersch** (LSAP) | O, Här Clement, d'LSAP ass nach laang Member vun dëser Regierung an Dir wäert et nach esou schnell net ginn.

(Hilarité)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dovunner dremt Dir!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | E grouse Merci, wéi gesot, un déi zwee Rapporturen an all déi, déi hei wirklech gehollef hunn, dass eppes Konstruktives zustane komm ass.

Eppes ass dës Steuerdebatt mat Sécherheet net: eng Spillwiss fir ze probéieren, eis als Majoritéit

ausernanerzedreien. Hei positionéiere sech d'Partei jo wäit iwwert den Delai oder d'Durée vun dëser Legislatur eraus, an duerfir ass et méi wéi legitim, dass och d'Koalitionsparteie verschidde Vuen hunn.

Här President, de Sënn vun dësem Debat ass, dass d'Partei sech kloer positionéieren. De Wieler, deen an eppes méi wéi engem Joer an d'Walkabin geruff gëtt, soll wëssen, wéi déi eng a wéi déi aner sech wëllen uleeën, fir dësem Land méi Steiergerechtegkeet ze verschafen.

An dësem Debat soll sech erausschelen, wien d'Intèrète vu wem verteidegt, an dat ass och gutt esou. Wann et aus bekannte Grënn net méiglech ass, eng grouss Steuerreform ze maachen, wéi se nach am Koalitionssaccord ugeduecht ginn ass, bleift d'LSAP awer der Meenung, dass am Steuerberäich grouse Reformbedarf besteet.

Loosst mech direkt am Ufank soen, dass d'LSAP d'Solution de facilité vun enger einfacher Upassung vun der Steiertabell un den Index net fir richtig fënnt. Déi halfeautomatesch Upassung vun der Steiertabell un den Index, déi mer jo haten, ass Enn 2012 ofgeschaaft ginn, déi de faméisen Artikel 125 jo ofgeschaaft huet.

De Finanzminister war deemools den Här Frieden, de Staatsminister war den Här Juncker an d'Sozialiste waren Deel vun der Regierung an dat, wat se gemaach hunn, hu se gutt gemaach. Eng einfach Upassung vun der Steiertabell un den Index ass ëmmer, ëmmer eng Mesure, déi deene vill hëllef, déi vill hunn, an deene wéineg hëllef, déi wéineg hunn. An ech verdäitelen dat un engem konkrete Beispill:

Huele mer zwee Jonggesellen. Deen ee verdängt de Mindestloun, deen anere kritt fënnemol de Mindestloun. Wann een déi lescht fënnemol Indextranché géif an d'Steiertabell integréieren, déi zanter der leschter Steuerreform ugefall sinn, 12,5 %, wéi dat de Moie gesot ginn ass, géif dee mam Mindestloun ronn 220 Euro d'Joer manner Steiere bezuelen oder 19 Euro de Mount.

Deen, deen awer fënnemol de Mindestloun verdängt, géif ronn 3.580 Euro manner Steiere bezuelen, also bal 300 Euro de Mount. Dat eleng weist, dass dës net kann de richtige Wee sinn.

Mir sinn duerfir der Meenung, dass esou eng onselektiv Mesure an dësen Zäite vu Multikris ganz einfach net zielführend ass. Dës Kris huet mat sech bruecht, dass déi Leit, déi finanziell manner gutt dru sinn, vun den Auswierkunge vun der sanitärer a sozioökonomescher Kris e gutt Stéck méi haart getraff gi wéi anerer. Duerfir kann d'Äntwert dorobber och nëmme sinn, dass deene Leit och um Steierniveau anescht a méi muss gehollef ginn an net ëmgedrëint. Et geet hei drëms, politesch Choixen ze maachen. Et geet net drëms, Kaddoen ze verdeelen!

Déi richtig Erausforderung ass d'Neierfanne vun enger nohalteger, strukturell gerechter Gesellschaft.

An dozou gehéiert och eng Steierpolitik, déi dës Prioritéit gerecht gëtt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | All Steiersystem ass Revelateur fir d'Konzeptioun vun engem Sozialmodell. Et kéint een och soen: „So mer, wéi ee Steiermodell dass de hues, an ech soen Der, wéi d'äi Sozialmodell ass!“

De Steiersystem ass an eisen Aen de Krittär par excellence, fir de Gerechtegkeetsgrad vun enger Gesellschaft ze bewäerten. A wann an eiser Gesellschaft ëmmer méi Mesurë mussen – an ech betounen: „mussen“ – geholl ginn, fir déi sozial méi Schwaach ze stäipen, da weist dat ganz kloer, dass mer e Systemfeeler bei eisem Steierwiesen hunn.

Här President, déi mannste bezuele gäre Steieren. Déi meescht hunn awer verstanen, dass et ouni Steieren net geet. Wann awer d'Gefill vun der Gerechtegkeet bei der Besteuerung verluer geet, verléiert eisen ugestriefte Solidarmodell all Zoustëmmung, mat allen negativen Follgen.

Bei eise Steiervirschléi geet et net drëms, deen een oder aneren ze penaliséieren. Eis geet et eenzeg an aleng drëms, e Gesellschaftsmodell opzebauen, deen nohalteger, solidaresch a gerecht ass. Steieren – an och dat ass de Moie gesot ginn – sinn och fir d'Sozialiste kee Selbstzweck, mee sinn do, fir eng funktionéierend human Gesellschaft, baséierend op de Prinzippien vun de Mënscherechter, iwwerhaapt ze erméiglechen.

Steieren, Här President, hunn och eppes mat „steieren“ ze dinn, am Sënn vun „an déi richtig Richtung lenken“.

Fir eis als Sozialiste muss d'Steierlaascht vun deene klengen a mëttleren Akommes substanzuell erofgesat ginn. Duerfir muss un der Progressivitéit vun der Steiertabell geschafft ginn. Progressivitéit bedeit, dass héich Akommes proportional mat méi engem héije Prozentsaz vun hirem Akommes besteiert gi wéi niddreg Revenuen. Dat ass sozialdemokratesch oder sozialistescht Politik, egal wéi Der et wëllt hunn, a Rengkultur.

Iwwregens ass et interessant ze kucken, wou dës Iddi fir d'éischt méi kloer a méi konsequent duerchgezu ginn ass. An dat war – an dat wäert deen een oder aneren iwwerraschen – an den USA zur Zäit vun der Joerhonnertwenn ëm 1900 de Fall bei der „Gilded Age“-Phas, déi Der alleguere kennt. An et ass geschitt aus dem Bestriewen eraus, d'Feeler vun deem ale Kontinent, vun deem alen Europa, op deem neie Kontinent net ze widerhuelen an eng méi gerecht Gesellschaft opzebauen.

Iwwregens, an dat wäert der duerno nach vill méi heibanne wonneren, hate mer an den USA téschent de Joren 1932 an 1980 en Duerchschnitt vum Spëtze-steiersaz vun iwwer 80 %. Dofir ass awer de President

Roosevelt, deen um Ursprung vun dëser Entwécklung stoung, menges Wëssens ni als lénke Sozi ofgestempelt ginn.

Europa ass an deem Sënn och nogezunn, well et sech et net méi konnt aneschts erlaben, wann och net iwwerall. Ech betounen „net iwwerall“, well op anere Plazen hu se et gemaach mat deene Spëtzesätz wéi an den USA.

Eréischt mam President Reagan an der Madamm Thatcher an Europa oder a Groussbritannien huet sech d'Steierpolitik radikal geännert. Déi neoliberal Ideologie, opbauend op den Theese vun der Chicagoer Schoul, huet sech leider weltwäit duerchgesat. Den Dogma war gesat: Manner Steiere brénge méi Steieren, mam Versprechen, wann ee manner Steieren opheift, gëtt iwwerall méi geleesch, de Kuch gëtt méi grouss an duerfir geet et jiddwerengem besser.

Här President, haut wësse mer, dass dat net esou war, dass dat alles eng ganz grouss Lige war. Am Géigendeel, et ass zu engem weltwäite Steierdumping komm, deen derzou gefouert huet, dass ganz Staaten hir Sozialsystemer net méi konnte finanzéieren a Milliounen vu Leit an d'Aarmut a souguer an den Doud gedriwwen gi sinn. An trotzdeem gëtt et ëmmer nach Leit, och hei zu Lëtzebuerg, déi eis dat Märchen, wat a ville Versiounen a Variatiounen gezielt gëtt, ëmmer nach weider virgukelen.

Nach kierzlech hunn ech de Sproch héieren: „Trop d'impôt tue l'impôt.“ Dorops gëtt et eigentlech nëmmen eng, souguer empesch beluechten, Äntwert: „Trop peu d'impôts tuent la cohésion de toute société, tuent des milliers d'humains, des femmes, des vieux, des enfants. Jour par jour, semaine par semaine, année par année !“

D'Sozialisten hätte gär, dass sech duerch d'Ännere vun der Progressivitéit d'Steierlaascht verschiebt: manner ze bezuele fir déi, déi kleng a mëttel Akommes hunn, a méi ze bezuele fir déi, déi vill méi verdéngen.

Mir gleewen also net drun, dass et méiglech ass, eng Steierreform ze maachen, wou jiddweree Gewënner ass. An iwwregens hale mer dat och aus evidente Grënn vun der Gerechtegkeet net fir richtig.

Duerfir proposéiere mir, dass bis zu engem besteierbaren Akommes vu 45.897 Euro d'Progressivitéit net mat 2 % an d'Luucht geet, mee mat 1 %. Dat bréngt da selbstverständlech mat sech, dass zousätzlech Tranchë mussen ageféiert ginn, wat de Prinzip vun der Progressivitéit stäerkt.

Méi Steiere fir Héichverdénge. Am Géigenzuch fuerdere mer, dass bei deenen héijen Akommesen d'Progressioun net méi mat 1 % berechent gëtt, mee mat 2 %, dass uewen also och nach sollen Tranchë bäikommen, fir och bei deene ganz héijen Akommesen den Effet vun der Progressioun ze stäerken.

Mir iwwerschaffen uewen d'Amplitude vun de bestoenden Tranchen, mir setzen uewen Tranchë bäi an héijen de Spëtzezielsatz bis op 49 % bei Verdéngschter iwwer 500.000 Euro.

Jo, Här President, ech gesinn hei am Sall scho bei Verschiddene vläicht den Täscherechner am Kapp goen. Eis Propositionen bedeuten effektiv, dass eng Partie Leit an Zukunft misste méi Steiere bezuelen. Si bedeuten awer virun allem, dass déi Allermeeschten, déi net zu de Privilegierten an dëser Gesellschaft gehéieren, manner Steiere mussen bezuelen, weesentlech manner Steieren!

Mat deem vun eis ausgeschaffte Barème géif e Steierzueler mat der Steierklass 1, deen e Bruttoakommes vu 4.000 Euro de Mount huet, 173 Euro de Mount manner Steiere bezuelen. Hätt en e Brutto vun 12.000

Euro, géif en de Mount 8 Euro méi bezuelen. Et ass also an deem Beräich, wou den Turningpoint ass. Géif déi Persoun awer 25.000 Euro de Mount verdéngen, géif se ronn 500 Euro de Mount méi Steiere bezuelen.

Jo, Här President, mir nennen déi Chifferen hei, well mer gär, dass d'Leit wëssen, wou se mat eis dru sinn. Mir sinn eis bewosst, dass dat déi eng oder aner Wielerstëmm kascht, mee mir wëllen hei éierlech sinn!

Wat d'Besteuerung vum Mindestloun ugeet, sinn d'Sozialisten der Meenung, dass déi Revenue bis d'Héicht vum Mindestloun mussen steierbefreit sinn. Dat géif dann och mat sech bréngen, dass allkéiers, wann de Mindestloun géif erhéicht ginn, och de Steierkredit fir Mindestlounbezéier automatesch misst ugepasst ginn.

Wann een dat iwwert dee Wee mécht, suert een iwwregens derfir, dass wéinst dem Lissage net nëmmen d'Mindestlounbezéier dovunner profitéieren, mee och déi, déi kuerz driwwer leien. An dat wär eng gutt Saach an et géif och keng 1,8 Milliarde kaschten, wéi dat de Moien hei ugedeit ginn ass.

D'Sozialiste wëllen, dass d'Familien, onofhängeg vun hirem Statut, a virun allem Familie mat Kanner, nach besser ënnerstëtzt ginn, wéi dat haut de Fall ass. Duerfir proposéiere mir d'Aféiere vun engem neie Kannersteierkredit, selbstverständlech fir all Kand an engem Stot bis zu engem begrenzten versteierbaren Akommes.

Am Fall, wou zwee Eltere sech d'Gard vun engem Kand deelen, kritt jiddwer Elterendeel d'Hallschent vun deem Crédit d'impôt. Am Fall, wou awer nëmmen een Elterendeel d'Kand a charge huet, kritt deen Elterendeel selbstverständlech de Crédit d'impôt aleng. Et geet drëms, deenen Eltere respektiv Elterendeeler ze hëllefen, déi d'Kand effektiv a charge hunn.

Dëst wier eng zousätzlech Hëllef fir déi, déi net an deenen héijen Akommesberäicher sinn, an et wier och keen Zréckfalen an al Denkmustere, wou Familie mat Kanner eege Steierklassen haten. Duerch eeben d'Form vum Steierkredit ass et eng selektiv, cibléiert Moosnam, déi Leit mat Kanner entgéintkënn, déi net zu de Groussverdénge gehéieren.

Här President, déi jonk Berufsfänger hunn et haut besonnesch schwéier. Oft hu si nach e Studentepret ofbezuelen oder kréie vläicht emol iwwerhaupt kee Pret, fir sech eng Wunneng unzeschaffen, a mussen bei deieren Loyereren hänken oder si mat héijen Zënse konfrontéiert, wa se awer e kleng Pret kréien. Oft schaffe se an engem CDD, si sinn an der Onsécherheet. Alles dat an nach vill méi zu engem Moment, wou se sech wëllen op eege Bee stellen an eventuell eng Famill grënnen.

Duerfir proposéiert d'LSAP e Crédit d'impôt fir Berufsfänger bis 40 Joer. Dëse Crédit d'impôt soll fënnf Joer a maximal monatlech 200 Euro bedroen, deen ab engem bestëmmten Verdéngsch graduellment op Null erofgesat gëtt.

All Statistiken iwwert de Risque de pauvreté weisen, dass virun allem d'Monoparentale vu Aarmutsrisiko beträff sinn. Duerfir froe mir als LSAP eng konsequent Erhéijung vum Crédit d'impôt monoparental. Dës Erhéijung soll awer ab enger bestëmmter Akommengrenz auslafen. Si soll net Monoparentalen zeguttkommen, déi an héijen Akommesberäicher sinn an dës Erhéijung net brauchen. Duerfir soll awer zukünftig d'Unzuel vun de Kanner bei der Determinatioun vum Montant eng Roll spillen.

Och de Plaffong vun haut 2.208 Euro, déi ee maximal als Alimenter dierf kréien, fir net vun enger Reduktioun vum Crédit d'impôt beträff ze sinn, muss eropgesat ginn, eiser Iddi no op 4.560 Euro, wat vill méi

der Realitéit vun den effektiv vun de Gerichter geschwaten Alimenten entsprécht.

4.560 Euro Abatement am Plat 4.020, dat ass och de Montant, dee mir proposéiere fir Kanner, déi net zum Haushalt gehéieren, mee déi een awer a charge huet. Esou géif een deen éischte Schrëtt, dee mer 2017 gemaach hunn, och méi un d'Realitéit upassen.

Den neie Steierkredit fir Kanner, d'Revalorisatioun vum Crédit d'impôt monoparental, d'Erhéijung vun deem Abatement, vun deem ech elo grad hei geschwat hunn, sinn dräi wichteg Mesuren, déi mir als LSAP virschloen, fir deenen zousätzlechen Ausgabe Rechnung ze droe fir déi Leit, déi Kanner hunn.

Dëst ass fir eis eng absolutt Prioritéit. Mee mir wëllen awer och de Wittfraen a Wittmänner entgéintkommen, och wann ee fairerweis muss soen, dass si och haut schonn e gewëssene Virdeel hu par rapport zu deenen Elengsteendeen, déi ni bestued oder gepacst waren.

Trotzdeem proposéiere mir, den Zäitraum, wou een nom Ewechfale vum Partner an der Steierklass 2 ka bleiwen, vun dräi op fënnf Joer ze erhéien, éier se dann erëm an d'Steierklass 1a sollt kommen.

Här President, fir d'LSAP ass et am Prinzip egal, wat den Ursprung vun engem Revenu ass, e misst eigentlech ëmmer op déi nämmelecht Aart a Weis besteiert ginn. Dat ass e wichteg Element vu Steiergerechtegkeet. Et dierf duerfir keng Roll spillen, ob de Revenu aus enger Occupation salariée resultéiert, enger Rent, engem Bénéfice d'une profession commerciale, agricole ou libérale oder ob de Revenu vun Dividenden, Loyereren oder Plus-valuen hierkënn. All Revenue missten am Prinzip déi nämmelecht Steier generéieren.

Haut ass dat an eisem Steiersystem fundamental anescht. Revenuen, déi aus der Aarbecht entstinn, gi vill méi staark besteiert wéi déi Revenuen, déi aus de Capitaux mobiliers entstinn. Et ass bal esou, wéi wann dee gudden Lëtzebuerger Sproch „Vum Schaffen ass nach kee räich ginn“ de Mot d'ordre war bei verschiddene Steiergesetzter, déi geschriwwen gi sinn, an dat ass eng fundamental Ongerechtegkeet. Capitaux mobiliers sinn nämmelech zum Deel souguer ganz steierfräi oder profitéieren vun enger forfaitaire oder reduziierter Impositioun.

Wann de Sproch – an ech hunn en de Moien héieren – „Leeschtung muss sech erëm lounen“ ..., an ech muss soen, ech stinn zu deem Sproch, well ech fannen et e ganz gudden Sproch. Wann een deen eescht hält, da misst et eigentlech ëmgedrëint sinn. En attendant misst een Ustrengunge maachen, fir eng Gläichberechtigung vun de Revenuen ze erreechen.

Duerfir proposéieren d'Sozialisten d'Exemptioun vu 50 % bei Dividende vun Associés résidents opzheien a se zu 100 % ze besteieren. D'Géigenargument, dass de Betrib jo scho Steiere bezuelt huet, ass net gültig. Dem Salarié säi Revenu gëtt jo och dem Resultat vum Betrib ugepasst. Seng Pai, déi zu 100 % besteiert gëtt, ass follglech och net op deem Niveau, wéi se et wier, wann de Betrib keng Steiere géif bezuelen. Et gëtt also keen objektive Grond, Dividenden anescht ze besteieren wéi de Salaire.

Ausserdeem gëtt d'Retenue à la source jo och scho vun der Steier an der zweeter Etapp vum Beneficiaire erëm ofgezunn. Och d'Plus-valuen, déi gemaach gi vu Residenten beim Verkauf vu Lëtzebuerger Immobilien oder auslännesche Participatiounen, solle voll besteiert ginn an net wéi bis elo entweeder just zu 50 % oder souguer ganz steierbefreit sinn.

Och sollt den arbiträren Abatement vu 50.000 Euro, wann ee méi wéi 10 % vun de Participatiounen während méi wéi sechs Méint hält, ofgeschafft ginn.



Viru Kuerzem – an och dat ass de Moie schonn uge-  
deit ginn – hu mer eng Prime participative agefouert,  
souzeseen als Alternativ zu de Stockoptions, déi mer zu  
Recht ofgeschaft hunn, well Schindluder domat  
gedriwwen ginn ass.

Déi Prime participative ass – wéi soll ech mech aus-  
drécken? – a mengen Aen dat méi klengt Iwwel. Si huet  
virun allem den Nodeel, dass et ëmmer den Employeur  
ass, deen aleng entscheet, ob ee vun enger staatlecher  
Steierreduktioun ka profitéieren oder eeben net.

Deen nammlechte Problem hate mir schonns bei de  
Stockoptions, déi, genau wéi d'Prime participative elo,  
haaptsächlech bei de Betriber op der Finanzplaz agesat  
gi sinn. Si kéint a sech eng gutt Saach sinn, wann ee  
wirklech a Richtung vu Bedeelegung vun alle Sala-  
riéen um Betrëbsresultat géif goen, a Richtung vun  
enger Kooperativiséierung vun enger circulaire, sozia-  
ler Economie.

Duerfir misst de Mechanismus komplett iwwerschaaf  
an demokratiséiert ginn. Wann dat net geschitt, ass  
d'Prime participative an eisen Aen à la longue net  
ze halen. Et geet dobäi schliisslech haut schonn ëm  
en Déchet fiscal fir de Staat vu ronn 18,5 Milliounen  
d'Joer.

All d'Argumenter, déi fir Spezialregimenter plädéie-  
ren, bréngen d'Attraktivitéit vun der Finanzplaz an  
de Besoin un Talenter an d'Spill. Ech kann dat novoll-  
zéien, Lëtzebuerg brauch Talenter! Mee missten dann  
net och déi portugisesch Aarbechter, déi eis Haiser  
a Stroosse bauen, missten net och déi franséisch,  
däitsch a belsch Infirmieren, déi eis Gesondheet  
héichhalen, missten net och déi da vun esou Spezial-  
regimenter profitéieren?

A missten net och alleguerten d'Lëtzeburger Steuer-  
zueler, déi Dag fir Dag eis Wirtschaft a Gesellschaft  
tout court um Lafenden halen, extra belount ginn? An  
doriwwer eraus hu mir jo e Régime fiscal des salariés  
hautement qualifiés et spécialisés fir d'Impatriéierten,  
deen de wirklechen Talenter entgéintkënn. Dat  
misst an eisen Aen och duergoen.

Här President, all Informatiounen an Expertebe-  
froungen, déi mer an der Kommissioun haten, ware  
vun engem ganz héijen Informatiounswäert. Si waren  
awer mat Sécherheet net ëmmer onpartei-  
sch. Esou war zum Beispill een Expert der Meenung,  
d'TVA integral bei d'Betrëbsbesteuerung bäizerechnen.  
Dat ass awer esou net nozevollzéien – ech mengen, den  
Här Roth hat och dorop higewisen –, wann ee weess,  
dass d'TVA zu engem groussen an entscheidenden  
Deel vum Consommateur bezuelt gëtt, och wa se iwwer  
de Betrib opgehuewe gëtt.

Et muss een also schonn iwwer eng gewësse Portioun  
Imaginatioun verfügen, wann ee se wëllt als reng Be-  
trëbsbesteuerung definéieren.

Dat selwecht kéint een iwwerengs och vun der Taxe  
d'abonnement soen, déi jo awer haaptsächlech vun  
auslänneschen Investisseuren bezuelt gëtt, groussen a  
klengen, an net onbedéngt vun de Lëtzeburger En-  
trepreneuren.

De Sënn vun der Übung, deen awer hannendru  
stoung, dee war natierlech séier verstanen. Et geet  
dréms ze verschleiern, wat eigentlech net ze niéie-  
ren ass. An eise Rapport weist dat och ganz kloer: Et  
gëtt zanter Joren eng kloer Tendenz, déi weist, dass  
d'Betrëbsbesteuerung beim Gesamtundeel vun eise  
Steierrecetten zréckgeet, während den Undeel vun der  
Akommessteuer kontinuierlech wiisst.

Dat ass den eigentleche Problem vun eiser Steuer-  
politik. An ech si frou, dass och den Här Roth de Moien  
dorop higewisen huet. Ech weess, dass dat awer e Pro-  
blem ass, deen net nëmmen zu Lëtzebuerg akut ass an

deen och net onbedéngt homemade ass. Dat huet vill  
mat enger verheerende internationaler Steuerkonkur-  
renz ze dinn, déi zur Folleg huet, dass Betriber zoun-  
nemend manner Steiere bezuelen, net nëmmen zu  
Lëtzebuerg, mee quasi iwwerall op der Welt. Soe mer  
mol, dass Lëtzebuerg an deem Concours bis elo ganz  
gutt matgemëscht huet, ouni méi ze soen. Sou ass  
d'Betrëbsbesteuerung – an och dat kann een am exzel-  
lente Rapport noliesen – och zu Lëtzebuerg konse-  
quent erfogesaat ginn.

Här President, ech hat virdru vun der Progressivitéit  
vun der Steiertabell bei de Personnes physiques ge-  
schwatz a se als Gerechtigkeetsinstrument par excel-  
lence duergestallt. A si ass eng vun de sozialsten  
Errungenschaften vum 20. Joerhonnert.

D'Steierprogressioun bei der Betrëbsbesteuerung gëtt  
et vum Prinzip hier awer net. Mir schaffen hei éisch-  
ter mat festen Tauxen, déi awer duerch eng Hellewull  
vun Instrumenter erfogesaat ginn. Duerfir ass souguer  
de Géigendeel vu Progressivitéit bei der Betrëbsbe-  
steuerung den Normalfall, während grouss multinational  
Konzerner ëmmer Weeër sichen a fannen, fir Steie-  
ren ze ëmgoen, ass dat fir déi kleng Betriber bal net  
méiglech. Un dëser Feststellung ännert och d'Tatsach  
näischt, dass mer, wéi mer et an enger Sitzung héieren  
hunn, bal eng ganz grouss Unzuel vun Handwerks-  
betriber – ech mengen, d'Zuel vun 48 % war genannt  
ginn – hei zu Lëtzebuerg keng Steiere bezuelen.

Et bleift trotzdem, dass grouss Betriber mat ganzen  
Arméeen vun héichbezuelten Affekoten, vu Privileegien  
Gebrauch maachen, déi deene kleng Betriber virent-  
hale bleiwen. Ech halen och dat fir eng grouss Onge-  
rechtkeet.

Ech hat virdru gesot: Et gëtt keng Progressivitéit bei  
der Besteuerung vun de Betriber. Et ass zu Lëtzebuerg  
net ganz richtig. Effektiv hu mer 2018 e kleng Gest  
an déi dote Richtung gemaach. Op Initiativ vun der  
LSAP ass de Besteuerungssaz vun der Kierperschafts-  
steuer fir Benefissier bis 175.000 Euro op 15 % gesat  
ginn, während Benefissier ab 200.000 Euro mat 17 %  
besteiert ginn.

Een allgemengt Erofsetze vum Kierperschaftssaz vu  
15 %, wéi et vu munche Leit gefrot ginn ass, war mat  
de Sozialisten net ze maachen.

Här President, zanter 2017 ass den Taux d'affichage  
fir Kleng- a Mëttelbetriber, déi manner wéi 175.000  
Euro Benefiss maachen, wann ech mech net total ver-  
rechen hunn, vun 29,22 % op 22,8 % erfogesaat ginn.  
Dat ass eng Reduktioun vu bal 22 %: 21,97 %, wa  
meng Chiffere richtig sinn.

Am Verglach – a just fir dass dat net vergiess gëtt –:  
Een, deen als Salarié besteiert gëtt mat 100.000 Euro,  
esou wéi ech virdru elo hei gesot hunn ..., e Be-  
trib, deen 100.000 Euro Benefiss mécht, bezilt haut  
22.800 Euro an e Salarié emol d'office 30.608 Euro.  
An dat ass eng automatesch Retenue à la source.  
Dee kritt déi Suen, déi en do ofgehalen huet, jo emol  
net ze gesinn, während et bei dem Betrib eppes ganz  
aneschters ass. Déi allermeeschte Besteuerunge leie  
wäit ënnert deem Taux, deen ech virdru genannt  
hunn, aus deene Grënn, déi ech och virdru genannt  
hunn.

Mee komme mer zréck bei de klengen Usaz vu Pro-  
gressivitéit an der Betrëbsbesteuerung, déi mir zu  
Lëtzebuerg gewont hunn: Et ass e kleng Schrëtt, mee  
ech mengen, dass e vu grousser Symbolik ass. Well  
wie vill huet, wie ganz vill huet, muss méi ofginn. A  
wie manner huet, soll manner ofginn. Dat zielt mat  
Sécherheet fir d'Privatheit, mee an eisen Ae misst et  
och fir d'Betriber zielen.

Haut gëtt international eng Diskussioun iwwer eng  
sougenannte „Übergewinnsteuer“ gefouert. Italien,  
Groussbritannien an Ungarn hu se schonns agefouert  
an d'EU-Kommissioun wëllt a kierzester Zäit, wann  
ech do richtig informéiert sinn, och e Virschlag do-  
zu ausschaffen. D'Iddi ass jo och einfach a logesch.  
Déi Betriber, déi elo un a weinst der Kris vill méi ver-  
dengen, solle während enger gewëssener Zäit och méi  
Steiere bezuelen.

Am Moment gëtt déi Diskussioun e bësse reduzéiert op  
d'Energiekonzerner gefouert. Ech halen et fir richtig,  
direkt och Betriber vun der Rüstung mat anzebezeien  
a souguer alleguerten déi, déi vun der Multikris pro-  
fitéieren.

Allgemeng muss de Solidaritéitsprinzip zielen. An  
engem Moment, wou d'Gesellschaft, de Staat, Milliar-  
den ausgëtt, fir ganz Wirtschaftszweiger ze retten,  
mussen déi Wirtschaftsdeeler, déi floréieren, méi fir  
d'Allgemengheet ofginn, während déi Betriber, déi méi  
schlecht do stinn, steierlech sollen entlaascht ginn.

Duerfir plädéiere mir hei klipp a kloer fir en Erofsetze  
vun der Solidaritéitssteuer fir Betriber, déi manner  
wéi 175.000 Euro Benefiss maachen, vu 7 % op 4 %.  
Am Géigenzuch sollen awer déi Gewënnler, déi iwwer  
175.000 Euro leien, an Zukunft net méi mat 7 %, mee  
mat 9 % Solidaritéitssteuer beluecht ginn. Dëst géif  
deen ugesprachene Progressivitéitseffekt stäerken a  
wier e kloert Signal a Richtung vun deene klengen a  
mëttlere Betriber hei am Land.

**Une voix | Très bien!**

**M. Dan Kersch (LSAP) |** D'lescht Woch hate mir hei  
eng Debatt iwwer d'Kollektivvertragswiesen, dat  
och zu Lëtzebuerg an eisen Ae muss gestärkt ginn.  
Mir proposéieren duerfir, en temporäre Steuerabat-  
tement anzeféieren fir Kleng- a Mëttelbetriber, déi op  
de Wee ginn, fir hir Salariéen neierdengs a Fonctioun  
vun engem Kollektivvertrag ze bezuelen an och iwwer  
de Wee hir Aarbechtskonditiounen ze reegelen.

D'LSAP steet och fir déi ekologesch an digital Transi-  
tioun vun de Betriber. Duerfir soll och hei kuerzfris-  
teg eng steierlech Mesure a Faveur vun de Betriber  
geschaf ginn. Awer grad well ech haut de Moien zu  
deem Thema eppes héieren hunn, wëll ech awer och  
soen, wat ee Virschlag an eisen Aen net beinhalt,  
nämlech dass an Zukunft steierlech Mesurë solle  
geholl ginn, fir de Betriber Laptoppen, Computeren  
a ganz Informatiksystemer ze bezuelen, déi haut  
schonns längst Standard sinn. Et geet ëm Erneuerung,  
et geet net ëm Steierkaddoen.

Steierlech Avantagé sollen och geschaf gi fir feel-  
geschlossenen Investissemen-ter an d'Startuppen, déi per  
Definitioun ëmmer méi riskéiert si wéi Investissemen-  
ter an de Steen, zum Beispill. Mir brauchen awer déi  
Investissemen-ter.

Den Teletravail bréngt mat Sécherheet eng Rei Vir-  
deeler, mee awer och Nodeeler. Prinzipiell sinn d'So-  
zialisten der Meenung, dass d'Virdeeler iwwerwiegen.

Soubal eng méi breet legal Basis geschaf ass,  
plädéiere mir fir d'Schaf vum engem Abatement, dee  
sech an der Héicht vun deem kéint beweegen, wat  
haut fir Cotisatiounen, Assuranceprimen an Debi-  
teurszënsen gëllt.

An eisen Aen dierf een awer dann och net déi ver-  
giessen, déi per se keen Teletravail kënnen maachen.  
Parallèle misst och um steierlechen Niveau eppes ge-  
schaf ginn, dat si exklusiv entlaascht.

Vill méi wichteg ass et awer, mat deenen direkten No-  
peschlänner Arrangementer ze fannen, déi et méig-  
lech maachen, dass d'Frontalieren alleguerten zu  
deenen nammlechte Bedingungen Teletravail kënnen

maachen, wa méiglech am Beräich vu 25 % vun den Aarbechtsstonnen, wat jo och bei der Sécurité sociale als Limit gëllt.

D'LSAP verteidegt eng ambitiéis Fiskalpolitik, déi op dem Prinzip „pollueur-payeur“ baséiert. Dee Prinzip dierf awer ni déi sozial Dimensioun vergiessen. Wann dat kloer ass, si mir derfir, fir progressiv de Prinzip vum Pollueur-payeur méi staark an der Fiskalpolitik ze verankeren. D'CO<sub>2</sub>-Tax erfëllt all Uspréch vun engem wierkeche Pollueur-payeur-Prinzip, well se evoluéiert a Fonctioun vum Ausstouss vun CO<sub>2</sub> vun enger Aktivitéit. Duerfir soll och iwwer 2023 eraus eng Kontinuitéit bei der CO<sub>2</sub>-Tax spillen.

2021 gouf d'CO<sub>2</sub>-Tax fir d'éischt agefouert. Mat der Revalorisatioun vun engem Steierkredit, deen d'Erhéijung bei deene méi Akommensschwache soll kompenséieren.

Als LSAP besti mir drop, dass all zukünftige Erhéijungen, also déi, déi no 2023 kommen, mat engem automateschen Mechanismus kompenséiert ginn, deen de Pouvoir d'achat vun deenen zwee ënneschte Quintilë voll an integral garantéiert. A well dat heite jo awer en Debat ass, wëll ech soen, dass eng CO<sub>2</sub>-Tax, déi een an den Indexkuerf setzt, eppes ass wéi en Auto ouni Rieder. Ech hunn en zwar, mee ech kann net domat fueren.

Domadder geet dee ganze Lenkungseffekt verluer an et kéint ee se grad esou gutt ewechloossen. Mir hunn awer de Courage, heihinner ze kommen an ze soen, dass iwwert déi CO<sub>2</sub>-Tax eraus, déi mer fuerderen an och widerhi fuerderen ... Mir hunn awer och de Courage heihinner ze kommen, dass och an Zukunft offensichtlech ëmweltschiedlech Produite méi héich sollen taxéiert ginn, wéi dat actuellement de Fall ass. Mee och dat kann nëmme geschéien, wann eng méi selektiv Subsidepolitik en place gesat gëtt.

An, verkehrte Welt, Här President, wann ech dem Här Roth de Moie gutt nogelasschert hunn: Mir sinn net der Meenung, dass bei der Subsidepolitik alles perfekt ass.

Mir sinn éischter der Meenung, dass déi Subsidepolitik fir nei nohaltege Technologie verbesserungsfäeg ass. Haut profitéieren ze vill Leit vun där Subsidepolitik, déi sech och ouni Subsidien nei Technologie kéinte leeschten, während déi, déi net esou gutt dru sinn, ze oft mam Fanger am Mond do stinn, well se sech trotz Subsid dat Neit net kënnen leeschten. Dat muss sech ..., dat soll sech änneren.

An där nämmlecher Logik kann een och iwwert eng Erhéijung vun Accisen op gesondheetschiedleche Produkter diskutéieren. Och dat dierft an eisen Aen an Zukunft keen Tabu sinn.

Dobäi verléiere mer net aus dem Bléck, dass déi indirekt Steiere par définition net selektiv sinn an am Verhältnis dee kleng Mannchen ëmmer méi treffe wéi dee mam décke Portmonni.

Dofir – an dofir ass et och wichteg, fir dat hei ze soen – kënn fir d'LSAP eng Erhéijung vum Héchstzaz vun der TVA net a Fro. Mir sinn awer der Meenung, dass een d'Tatsaach, dass elo eng nei TVA-Direktiv do ass, sollt netzen, fir cibléiert erofzue bei den TVA-Sätz fir eenzel Produiten an Aktivitéiten, zum Beispill bei all den Aktivitéiten, déi a Richtung Économie circulaire ginn oder direkt der ekologescher Transition zeguttkommen. Och den Internet sollt op 3 % erofgesat ginn, well et e wichtegt Element ass zum gläichberechtigten Zougang zu Informatioun.

Den Gini-Koeffizient weist eppes ganz kloer. Déi viru beschriwwen Ongläichheete bei de Revenue gi kloer getoppt vun den Ongläichheete beim Besët, beim Patrimoine also. Do sinn déi Ongläichheeten

nach vill méi flagrant. An d'Tendenz geet verstärkt weider an déi falsch Richtung a riskéiert, d'Cohésion sociale vun eiser Gesellschaft ze ënnergruuen.

E Steiersystem muss een ëmmer als Ganz kucken. D'Erausbrieche vun engem Element riskéiert ëmmer d'Universalitéit vun engem Steiersystem ze ënnergruuen. Genau dat ass geschitt mat der Ofschaffung vun der Verméigenssteuer am Joer 2006. Déi Ofschaffung ass iwwregens vum deemolege Finanzminister Luc Frieden mat engem Standuervirdeel fir d'Finanzplatz argumentéiert ginn an hat mat Steiergerechtegkeet ni eppes ze dinn. Et muss een am Nachhinein soen, dass dat e Feeler war, vun deem d'LSAP zwar net den Initiator war, mee awer mat schëlleg. An ech soen dat hei och esou, wéi ech et denken.

En universale Steiersystem muss ëmmer all Forme vu Richesse consideréieren, egal op de Räichtum aus Salären, Kapitalrevenue oder aus Güter korporeller an inkorporeller Natur entsteet. Mécht een dat net, muss de Steiersystem sech ëmmer erëm virwerfe loossen, dass en net objektiv wier a parteiesch.

Duerfir sinn d'Sozialisten der Meenung, dass d'Verméigenssteuer erëm muss agefouert ginn. Dës Fuerderung entsteet net aus Naid op déi, déi duerch hiert eegent Schaffen oder duerch aner glécklech Ëmstänn zu héijem Räichtum komm sinn. Eist Uleies ass et, dass en Deel vun deem Räichtum mat der Allgemengheet gedeelt gëtt, ouni déi dee Räichtum vläicht guer net hätt kënnen produzéiert ginn. An et geet hei mat Sécherheet net drëms, deem kleng Mann oder der Wittfra an de Beidel ze gräifen.

Duerfir soll en héijen – ech betounen: en héijen! – Fräibetrag festgeschriwwen ginn, dee steierfräi bleift. An et geet och net drëms, d'Leit plakeg auszedoen oder de gliesene Bierger ze schafen, wéi et haut de Moie gesot ginn ass, fir e bëssen Angscht ze verbreden. D'Fro ass éischter: Wéi een Argument gëtt et, Leit mat héijen Akomme manner gliesen – fir Ären Ausdruck ze gebrauchen – ze maache wéi d'Majoritéit vun den Otto Normalverbraucher, bei deenen d'Steierverwaltung souwisou all Donnéeën huet.

Iwwregens ass et erstaunlech, dass genau déi, déi fir ëmmer méi Iwwerwachung vum Bierger plädéieren, wann et drëms geet, Sécherheetsdiskussionen ze féieren, op eemol d'Fräiheet vum Individuum entdecken, wann et drëms geet, fir Donnéeën ze kréien, fir eng méi gerecht Besteuerung hinzukréien.

**Une voix | Très bien!**

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Also a Kuerzform: Een, dee seet, d'Sozialiste si fir d'Afféiere vun enger Verméigenssteuer, seet nimmend d'Hallschent vun der Wourecht. Wann en awer seet, d'Sozialiste si fir d'Erëmféiere vun der Verméigenssteuer – d'Betounung läit op „erëm“ – mat engem héije steierfräie Fräibetrag, dee seet d'Wourecht. An et ass evident, dass dat nëmme geet, wann ee fir méi Transparenz suert vis-à-vis vun deem, wat op de Banke geschitt. Zumindest den Artikel 178bis vun der Abgabenordnung muss ersatzlos gestrich ginn, fir esou de Steierverwaltungen ze erlaben, op de Banken an aneren Instituter nozefroen, iwwer wéi ee Verméigen deen een oder anere verfüügt.

Domat si mer nach wäit ënnert engem automateschen Informationsaustausch, deen international Standard ass. Esou eng Mesure géif och dem neie Ruff vu Lëtzebuerg guttduen, dat erfollegräich amgaangen ass, sech senger schlechter Renommee ze entleeden als Steuerparadies. Spéitstens no der nächster GAFI-Kontrol – an dat wësst Der alleguerten heibannen –, déi virun der Dier steet, wäert dat Thema Lëtzeburger Bankgeheimnis fir Residenten erëm duerch d'international Press goen a mir wäerten do mat Sécherheet net Gewinner sinn.

Selbstverständlech sinn och eventuell Scholde bei der Berechnung vun der Base d'assiette vum Impôt de la fortune ofgezéien. Dat zielt awer net fir d'Scholden, déi op Immobilie gemaach ginn. D'Erklärung liwweren ech och direkt no.

Här President, mir wëllen hei bei der Berechnung vum Verméigen de Besët vun Immobilien, wéi gesot, net a Betruecht zéien. Deementsprechend kënnen Scholden op Immobilie selbstverständlech och net ofgezu ginn.

Als LSAP si mer nämlech der Meenung, dass de Wunnproblem, dat zentraalt Thema vun der Lëtzebuerger Politik duerstellt. An duerfir kann een deem och net mat enger eenzelter Moosnam begéien. An duerfir mécht meng Partei eng ganz Rei vu steuerleche Propositionen, wat d'Wunnen uegt. Haut schwätze mer, wéi gesot, iwwert déi steierlech. Et mussen och aner Mesuren zousätzlech geholl ginn, dat wësse mer och alleguerten.

Fir eng Meerfachbesteuerung vun Immobilien ze verhënneren, hu mir duerfir ganz bewusst an eise Konzept, wéi ech et gesot hunn, d'Immobilien erausgelooss an dat am volle Bewusstsein, dass d'Immobilien virun allem hei zu Lëtzebuerg e beträchtlechen Deel vum Verméigen ausmaachen. Dat ass ee Choix politique an dee Choix, an ech weess net, ob Der dat esou matkritt hutt, entzitt e bëssen dem Gros vun der Argumentatioun, déi mer de Moien héieren hunn, de Buedem, well, wéi gesot, et bei eis keng Ongerechtegkeete gëtt téschent der Aschätzung vun Immobilien an anere Wäertsachen, well eeben d'Immobilien hei erausgeholl ginn.

Wat dann elo déi betreffend an déi speziell Besteuerungen uegt, wat am Wunnberäich geschitt: D'Grundsteuer ass fir eis, am Géigendeel zu deem, wat vill anerer soen, kee Wonnermittel, fir de Wunnproblem ze léisen. Wann d'Grundsteuer an d'Luucht gesat gëtt, ass domadder nach keen Terrain viabiliséiert a keng Wunneng méi gebaut.

Bei der Reform vun der Grundsteuer muss et virun allem ëm méi Gerechtegkeet goen. D'Sozialiste sinn och der Meenung, dass d'Grundsteuer eng Gemeindesteier sollt bliwen. Duerfir mussen och d'Gemengen e gewëssenen Handlungsspillraum behale bei der Festleeung vun der Grundsteuer.

D'Berechnungsgrundlage vun der haiteger Grundsteuer, och dat ass de Moie gesot ginn, ass vun 1941. Haut ass d'Welt eng aner an d'Ongerechtegkeete si kloer.

Als wichtigste Krittär bei der zukünftiger Festleeung vun der Grundsteuer, soll d'Gréisst vum Terrain an déi potenziell Bebaubarkeit a Fonctioun vun deem sinn, wat d'Gemeng am PAG festgehalten huet. Aner Krittären, déi de reelle Wäert vum Terrain beaflossen, ginn och gebraucht. Mat all deene Krittären errechent een de Verméigenswäert, deen als Basis fir d'Berechnung vun der Steuer gëllt.

Mir Sozialisten sinn iwwregens der Meenung, dass ee fir dat Haus oder dat Appartement, wou ee selwer dra wunnt, e gewëssen Abatement op deem Verméigenswäert soll kréien. Dat ass iwwregens och esou am Koalitiounsvertrag virgesinn.

Wann et ëm d'Bekämpfung vun der Wunnengsnout geet, muss awer ee vill méi wichtegt Element mat an d'Spill kommen, an dat ass eng Mobilisatiounssteuer. Dës Steuer soll spillen, wa potenziell bebaubar Terrainen net viabiliséiert ginn. Et ass kloer, dass een esou eng Steuer net vun haut op muer kann ophiwen. E puer Karenzjore mussen dann zougestane ginn, fir de Proprietären d'Méiglechkeet ze ginn, hiren Terrain och effektiv ze viabiliséieren.



Duerfir ass et émsou méi wichteg, dass awer d'Grondsteuer an d'Mobilisationssteuer als Ganzt ugesi ginn a parallel musse se och op den Instanzewee goen. Am Géigesaz zur Grondsteuer ass d'Mobilisationssteuer eng national Steuer, déi dem Staat zeguttkënnt. Mat dëser Steuer kann de Staat dann um Marché Terraine kafen, fir méi ëffentleche Wunraum ze schafen. Si muss considerabel sinn a si muss wéidoen, soss verpufft hiren Effekt.

Als Basis soll deen nämmelechte Verméigenswäert déngen, dee mir och bei der Grondsteuer gerechent hunn.

Wann een also e puer Joer nom Akraafttriede vum Gesetz seng Terrainen nach net viabiliséiert huet, gëtt se eng éischte Kéier fälleg an zwar ëm e Villfacht vum deem, wat mer an der Grondsteuer berechent hunn, an all Joer drop ëmmer erëm ëm dat Villfacht gesteigert, wann näischt geschitt.

A Kuerzform géif ech also resuméieren: D'Grondsteuerreform ouni Mobilisationssteuer bréngt weineg, d'Grondsteuer gekoppelt un eng Mobilisationssteuer ass dee richtege Wee.

Fir de Leerstand ze bekämpfen, hu mer eis Instrumenter ginn, déi net fonctionéieren. Duerfir proposéiere mir, d'Sozialisten, eng ganz pragmatesch Léisung. All Proprietär bezilt d'office eng järelech Steuer vun 2.000 Euro op all Objet, deen him gehéiert a wou hien net selwer dra wunnt. Wann hien am nächste Joer bei senger Steiererklärung säi Loyer ugëtt, wou e Steiere muss drop bezuelen, ginn him d'office déi 2.000 Euro erëm zrëckerstatt, déi en am Joer virdu bezuelt huet. Mir dréien also souzesoen d'Beweislaascht ëm. Net d'Gemeng oder de Staat muss noweisen, dass keen dra wunnt, mee de Proprietär muss noweisen, dass een dra gewunnt huet, an da kritt e selbstverständlech erëm alles erëm, soudass et am Fong näischt kascht.

Mir sinn och der Meenung, dass eng Wäertschöpfungssteuer muss kommen an zwar séier kommen. „Wann ee säin Terrain an de Perimeter kritt, ass een e gemaachte Mann“, hunn d'Lëtzebuurger gesot. An dat ass émsou méi wouer bei der Explosioun vun den Terrainspräisser, déi mer materliwen. Et ass jo um Enn eng politesch Decisioun, verbonne mat grousser Gewënn fir de Proprietär a verbonne mat zousätzleche Käschte fir d'Allgemengheet, déi fir d'Bezuere vun deenen Infrastrukture wéi Schoulen, Kläranlagen, Maison-relais muss opkommen.

Duerfir proposéiere mir, dass an Zukunft bei all Terrain, deen nei an dem PAG als bebaubar agestuut gëtt, beim Verkau vum dësem Terrain 10 % vum Verkaufspräis als Wäertschöpfungssteuer misste berechent ginn, an dat zugonschte vun deem, deen um Ursprung vun der Decisioun stoung, nämlech d'Gemeng, déi jo och d'Nofollgekäschte muss bezuelen.

Här President, ech hu leider net d'Méiglechkeet, nach alles hei ze bréngen, wat ech opgeschriwwen hunn. Ech wëll just soen: Ech hätt gärn eppes zur Individualisatioun gesot.

Ech soen awer nach ganz séier eppes zu dem Amortissement accéléré, wou mer ganz kloer der Meenung sinn, dass deen an dëser Form net ka bestoe bleiwen an dass e muss aneschters gestalt ginn.

Eng weider Iddi wëll ech Iech awer net virenthalen, well se einfach wichteg ass. Mir hätt gärn, dass eng Gläichberechtigung geschafe gëtt tëschent deene Leit, déi Proprietär si vun enger Wunneng, an deene Leit, déi Locataire vun enger Wunneng sinn. Proprietäre kënnen Scholdzënsen ofsetzen, e Locataire kann dat net. An duerfir fuerdere mer d'Aféiere vun engem Crédit d'impôt fir Locataires.

Och déi Iddi vum bëlleger Akt ënnerstëtze mer. Mir hätt gärn, dass an Zukunft dee Betrag, deen do festgeluecht gëtt, och a Fonctioun vun der Unzuel vun de Kanner ass, déi an engem Stot sinn, an dass en och automatesch un de Bauindex géif ugepasst ginn.

Här President, mir wëllen eng gerecht, nohaltege Gesellschaft, déi net op Käschte vun deenen nächste Generatiounen fonctionéiert. Duerfir brauche mir eng besser, méi gerecht Verdeelung vum gesellschaftleche Räichtum, e sozial gestaffelte System vum Pollueur-payeur, eng méi kohärent Strategie vu Generatiounengerechtigkeit a Chancëgläichheet, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee international. An duerfir ass et vläicht och néideg, an eiser Steierdiskussioun dat international Bléckfeld net aus den Aen ze verléieren.

Ech soen Iech villmools Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kersch. An den Här Marc Goergen wëllt Iech eng Fro stellen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Ech hunn Iech elo intensiv nogelauschert, Här Kersch. An ech hunn och direkt dräi Froen, déi aus Ärer Ried ervirgaange sinn. Déi éischt ass, Dir hutt gesot, d'Wittfrae wäert jo awer gutt, oder besser, gestallt par rapport zu anere Situatiounen. Ech mengen, déi Leit si jo awer onfräiwëlleg an déi Situatioun komm. A Wittfraen, dat ass mat eng vun deene Kategorien, déi direkt misst gehollef kréien. Wéi Dir dat gemengt hutt.

An déi aner Fro ass: Dir hutt vun de Firms geschwat. Mir si vollkommen enger Meenung mat dem Revenu, wann ee schaffe geet, an deem vum Kapital. Mee da verstinn ech awer net, dass och ënner enger LSAP-Regierung een higaangen ass a gesot huet, Amazon bräicht déi 250 Milliounen op hirem Gewinn net nozebezeelen. Géif d'LSAP dat dann nach eng Kéier esou maachen? Well Är Ried, déi ech elo héieren hunn, déi entsprécht menger Meenung. Mee ech war deemools jo och schockéiert, dass d'Regierung higaangen ass, ënnert der LSAP, well d'LSAP ass – alles, wat Der elo gesot hutt, an Eieren – déi Partei, déi am meeschte Koalitionssaccorden ausgehandelt huet, déi am meeschte konnt bewierken hei am Land. Géift Der nach eng Kéier Amazon dee Kaddo maache vun deenen 250 Milliounen? Well ech si ganz averstanen, dass de Gewinn muss méi besteiert ginn.

An dann hutt Der nach eppes gesot zur CO<sub>2</sub>-Tax. Ech stoung schon oft do vir – et sinn do oft ADR-Videoe ginn –, dass ech gesot hunn, mir missten aus dem Tanktourismus eraus. Géift Dir als LSAP da mat op dee Wee goen, dass mer aus dem Tanktourismus müssen eraus? Dir hutt geschwat vum Pétrol, vun deene ganzen Energien, mee géift Der da mat op de Wee goen, dass een aus dem Tanktourismus erausklëmmt, also net méi den Dumping um Pétrol mécht? Merci.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Dat ass jo schonn e ganze Programm. Ech hoffen ... Wann Der erlaabt, dann äntweren ech dorop.

D'Wittfraen, jo, et gëtt eng ganz Rei vu Wittfraen hei am Land, déi si schlecht drun. Mee déi allermeeschte Wittfraen, déi schlecht dru sinn, waren och scho schlecht drun, wéi hire Mann nach gelieft huet. Dat ass also keng exklusiv Fro vu Wittfra oder Netwittfra, mee dat ass eng Fro vun der sozialer Gerechtigkeit insgesamt.

An doriwwer eraus, an och dat dierf een net vergiesen, gëtt et och eng Rei Wittfraen, déi si ganz gutt drun. An dat, wat mer am Moment mam 1a maachen,

ass e Privileeg fir déi Leit aus eeben deem Grond, dee mer allegueren kennen: well e Partner ewechgefall ass an dat meeschtens en traumatéiert Erleefnis ass. Mee et ass an et bleift e gewëssene Virdeel par rapport zu deene Leit, déi ni d'Chance haten, an e Bestietnes oder an eng Pacsgemeinschaft eranzekommen. Dat kann een net verleegnen. Dat kann ee schwaarz op wäiss noliessen, wann een d'Zuele kuckt.

Amazon: Ech mengen, dat ass eng politesch Diskussioun gewiescht, ob ee sollt dee Moment, wou u sech déi Méiglechkeet bestanen huet, déi Suen zrëckfroen oder net. Deemools huet d'Regierung aus Grënn vun der evidenter Steiervéirlässlechkeet gesot, dass mer drops verzichten. Et si jo do och an der Tëschenzäit Urteiler geholl ginn, déi weisen, wéi et an Zukunft soll gemaach ginn.

Ech op jidde Fall kann Iech eppes soen, an ech hunn dat hei a menger Ried, mengen ech, méi wéi verdäitlecht: Ech stinn derfir an, dass déi kleng Betriber manner mussen bezuelen an déi grouss Betriber ënner Ëmstänn ëmgedréit, an net, wéi et elo ass, dass genau de Géigendeel de Fall ass! An dat, wat mat Amazon an anere Firms méiglech war international, ass op Lëtzebuergesch gesot eng Sauerei an dierf esou net weider bestoen!

Dann d'CO<sub>2</sub>-Tax, Tanktourismus: Wann Der mech elo frot, soen ech Iech: Ech perséinlech sinn derfir, dass mer den Tanktourismus solle ganz ofschaffen. An ech soen Iech och, firwat. Wa mer dat géife maachen, géife mer eis Klimaziler praktesch aleng mat där doter Measure erfëllen a mir géife ganz, ganz vill Sue spueren, déi mer müssen investéieren, fir eis Klimaziler soss kënnen ze errechen. Also meng Positioun ass do zimmlech kloer.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kersch. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här President, Dir Dammen an Hären, wa mir haut iwwert d'Steierpolitik schwätzen, da schwätze mer iwwert de Grondsteen vun deem, wat Politik iwwerhaupt méiglech mécht. Ouni Steiere gëtt et keng ëffentlech Hand, déi Wunnengen, Schoulen, Zuchstrecken oder Spideeler baut. Ouni Steiere gëtt et och keng Subside fir Entrepreneuren, sief dat, fir op klimafreundlech Alternativen ëmzeklammelen oder fir duerch Krisen ze kommen, wéi zum Beispill beim Covid oder dem Klima. An ouni Steiere gëtt et och keng Solidaritéit, kee Sozialstaat an domat och keng Chancëgläichheet, well de private Maart dat net virgesäit. Kuerz gesot: Ouni Steiere gëtt et kee fonctionéierende Staat, dee Politik gestalten kann.

Steierpolitik ass e wichtegen, mee oft ënnerschatte Mechanismus, fir d'Erausfuerrungen vun onser Zäit unzegoen. Sief et am Logement, am Klima, an der Mobilitéit, am Sozialen; iwwerall gëtt de Staat gebraucht fir ze investéieren, fir ze ënnerstëtzen a fir ze lenken. Dat erfuerdert, d'Steierrecetten op stabil Been ze stellen, andeems mer d'Sourcen diversifizéieren a vermeiden, laangfristeg op volatil an onsécher Recetten ze setzen.

Dobäi muss ëmmer séchergestallt ginn, dass de Baitrag zum Allgemengwuel fair tëscht de verschiddeenen Acteuren, also Entrepreneuren a Privatleut, an der Gesellschaft verdeelt ass. An d'Steiere spillen och eng wichteg Roll an der Ëmverdeelung am Kader vum Sozialstaat a fir Chancëgläichheet ze schafen. De Steiersystem muss eng nohaltege wirtschaftlech Entwécklung am Aklang mat de Ressourcen an der Ëmwelt favoriséieren.

Kuerz gesot: Mir brauchen e moderne Steiersystem, deen den haitegen Erausfuerrungen gewuess ass,

e Steiersystem, deen de sozialen Zesummenhalt fërdert, Nohaltegkeet belount a gläichzäiteg dem Staat déi finanziell Moyene sécher, fir déi néideg Politik kënnen ëmzesetzen.

Och wann an de leschte Jore schonn eng Rei Schrëtt an d'Richtung vun esou engem moderne Steiersystem gemaach goufen, bleiwen eng ganz Rei Baustellen op, déi mir an den nächste Jore mussen ugoen. Well eise Steiersystem ass, wéi esou villen an onser Legislatioun, historiesch gewuess a grouss Deeler dovun berouen haut nach op Texter, déi viru ville Joerzénge geschriwwen goufen. Esou zum Beispill d'Grondsteuer, déi nach op en Text vu virum Zweete Weltkrich zréckgeet.

Et däerf dofir och kee wonneren, dass dës Steuer 80 Joer méi spéit net méi mat de Realitéiten um Terrain zesummenhängt. An dëst ass just ee Beispill vu villen, wou onbedéngt muss nogebessert ginn. Ma et steet awer sënnbildlech dofir, dass mir déi haiteg Erausforderungen ugoen wëllen, wa mer dat wëlle maachen, dass mer de Steiersystem dofir mussen iwwerschaffen an och moderniséieren.

A fir eis Gréng gëtt et do véier Beräicher, an deene mer mussen aktiv ginn. Éischtens sozial Kohäsion an Aarmutsbekämpfung, zweetens Steiergerechtegkeet, drëtens Logement a véiertens Klimaschutz. An ech wäert mech dofir a menger Ried op dës Punkte konzentréieren.

Virdru wëll ech awer nach de Rapporteren, dem André Bauler an dem Gilles Roth, villmools Merci soe fir hire gudden schrëftlechen an och mündleche Rapport an déi ganz Organisatioun a Preparatioun vun dësem Steuerdebat, deen hoffentlech zur Dynamiséierung an och zu méi politischem Courage hei an dësem Land wäert an dëser Matière bäidroen. A merci och allegueren deenen, déi ons gehollef hunn an dërem bäigedroen hunn, dass mer deen Debat haut op dës Aart a Weis kënnen féieren.

A mengem Budgetsrapport fir de Staatsbudget vun 2021 hat ech iwwerregens am Ganze 50 Recommendationen gemaach, fir onse Budget an ons Gesellschaft allgemeng méi staark opzestellen. An deemno sinn och eng ganz Rei Proposen, op déi ech elo wäert zréckkommen an déi ech och weider wäert exposéieren, an der Kontinuitéit vun der Aarbecht vun deemools.

Här President, Dir Dammen an Hären, an de leschte Jore sinn zu Lëtzebuerg souwuel den Aarmutsrisiko wéi och déi sozial Ongläichheete geklommen. Et ass en Negativtrend, deen a villen anere Länner och ze beobachten ass. An awer ass et eng Problematik, bei där mer net ewechkucken däerfen. Virun allem am Kontext vun der aktueller Inflation besteet de Risiko, dass sech dës schwierig Situatioun fir vill Biergerinnen a Bierger weider verschärft.

Natierlech ass et net esou, wéi wann d'Regierung nach net reagiert hätt! D'Allocation de vie chère gouf eropgesat, d'Kannergeld nees indexéiert an de Mindestloun erhéicht, fir just e puer Beispiller ze nennen. Och wäerte mer als nächste Punkt um Ordre du jour hei e Gesetz stëmmen, wou d'Subvention loyer reforméiert gëtt, wouduerch d'Locataires an Zukunft däitlech méi ënnerstëtzt ginn.

Dëst si wichteg Mesuren. Ma wa mer eis déi strukturell Tendenzen awer ukucken, da gesi mer, dass dat mëttelfristeg bis laangfristeg awer net duergeet. D'Statistiken weisen, dass d'Emverdeelung duerch Steieren a Sozialtransferten et net fäerdegbréngt, de klammenden Aarmutsrisiko opzefänken. Zanter 2005 ass den Aarmutsrisiko viru Sozialtransferten ëm bal 7 Prozentpunkten op 47 % geklommen an de reellen Aarmutsrisiko no Sozialtransferten dogéint ass zwar just ëm 3,7 % geklommen op 17 %, mee dat weist

awer däitlech, dass d'Emverdeelung de klammenden Aarmutsrisiko nëmmen zum Deel opgefaange kritt.

Och wat d'Reduzéierung vun den Ongläichheete bei de Revenuen duerch de Steiersystem ugeet, muss ee feststellen, dass all eis Nopeschlänner e bessere Bilan virzeweisen hunn. Wa mer dësen Trend stoppen an derfir surgen wëllen, dass jiddereem vum selwechte Loun anstänneg liewe kann, da brauche mer eng méi staark Solidaritéit an onsem Steiersystem.

Mir proposéieren dofir, d'Stëit mat niddregem bis mëttlerem Revenu geziilt bei der Akommessteuer ze entlaaschten. Mëttel- bis laangfristeg wëlle mer dat am Kader vun der Individualiséierung vun der Akommessteuer ëmsetze mat engem Barème unique, bei deem d'Stëit mat niddregen a mëttleren Revenuen par rapport zu haut entlaascht ginn. Gläichzäiteg gëtt duerch de Barème unique assuréiert, dass jiddereem d'selwecht besteiert gëtt, egal ob e Celibataire oder eng Koppel.

Ma wéini d'Individualiséierung wäert ëmgesat ginn, ass haut net virauszegesinn. Dëst ass nämlech eng komplex Reform, déi net iwwert de Knéi gebrach ka ginn, och well doduerch eng ganz Rei fundamental Froen sech stellen, déi fir d'Éischt mussen gekläert ginn. Mir wëllen dowéinst awer net op d'Individualiséierung waarden, fir d'Biergerinnen an d'Bierger ze entlaaschten an domat den Aarmutsrisiko ze reduzéieren. Mir proposéieren eng ganz Panoplie u steuerleche Mesuren, déi onofhängeg vun der Individualiséierung kéinten ëmgesat ginn.

Mir proposéieren, iwwert de Wee vun engem Steuerkredit all Salarié, Independant a Pensionnaire mat mindestens 300 Euro zousätzlech ze ënnerstëtzen. Doriwwer eraus schloe mer vir, de Mindestloun ëm 50 Euro netto ze erhéijen, an zwar iwwert de Wee vun engem Crédit d'impôt salaire social minimum. Doduerch géif d'Kafkraaft vu Leit mam Mindestloun däitlech gestärkt ginn an déi sougenannte „kal Progressioun“, also d'steierlech Méibelaaschtung duerch d'Indexéierung vum Loun, souguer iwwerkompenséiert ginn.

Eleng duerch dës zwou Mesuren hätt eng Famill mat Revenuen no beim Mindestloun bis zu 150 Euro netto am Mount méi an der Täsche. Donieft sollt mer, nodeems mer dat beim Kannergeld nees agefouert hunn, och driwwer nodenken, d'Allocation de vie chère nees ze indexéieren. Dëst wier eng zousätzlech ënnerstëtzung fir Stëit mat niddregem Revenu, déi dëst am allermeeschte brauchen.

An natierlech sollt mer och iwwert d'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflation diskutéieren. Mee mir sollten hei awer eng differenzéiert a virun allem eng realistesch Debat féieren.

Dat Éischt sinn d'Käschten: D'Donnéen, déi mer vun der Steierverwaltung kruten, soen eis, dass eng komplett Upassung un d'Inflation géif 600 Milliounen am Joer kaschten. Esou eng Reform wier am Moment also iwwerhaupt net finanzéierbar.

Dat Zweet ass d'Ëmsetzung: Grondsätzlech verschléisse mer ons der Iddi net, eng Upassung vun der Steiertabell par rapport zur Inflation virzehuelen. Ech erënnere drun, dass déi Éischt blo-rout-gréng Regierung 2017 dat och schonn eng Kéier gemaach hat.

Ech wëll dann awer och drun erënnere, dass, wann een dat à la lettre géif ëmsetzen, och déi mat den héchsten Revenuen dovunner profitéieren, wëssend, dass si souwisou och schonn duerch den Index méi kompenséiert gi wéi déi Leit mat den niddregen Revenuen.

Eng Upassung vum Barème un d'Inflation misst an eisen Aen also méi selektiv gemaach ginn, fir dass

doduerch keng nei Ongerechtegkeete geschaaft ginn an och wierklech deene gehollef gëtt, déi d'ënnerstëtzung brauchen.

**Une voix | Très bien!**

**M. François Benoy** (déi gréng) | Wa mer eis Statistiken ukucken, da fällt op, dass et déi elengerzéiend Famillje sinn, déi dem Aarmutsrisiko am meeschten ausgesat sinn. Dëst ass e Constat, dee mir och scho laang maachen. Natierlech hunn och Monoparentalen schonn zum Deel vu verschiddene Mesuren profitéiert, déi an dëser Legislatur agefouert goufen. Mee d'Ziele weisen awer och, dass e Besoin besteet, geziilt eppes zousätzlech ze maache bei den elengerzéienden Familljen. Eng Fuerderung, déi een an dësem Kontext ëmmer erëm héiert, ass, fir d'Monoparentalen vun der Steuerklasse 1a an d'Steuerklasse 2 ze setzen. An och wann dës Fuerderung à première vue gutt kléngt, esou hätt dat wuel nëmmen e ganz begrenzten Effekt op den Aarmutsrisiko.

E Monoparental mat engem Salaire no um net qualifizéierte Mindestloun géif just knapp 10 Euro am Mount manner Steiere bezuelen, wann e vun der Steuerklasse 1a an d'Steuerklasse 2 géif falen. 10 Euro ass fir eng Persoun mat engem niddregen Revenu sécher net näischt, mee mir Gréng sinn awer der Meenung, dass dat net duergeet, fir d'Famill virun der Aarmut ze schützen.

Ausserdeem géife vun engem Klassement vun de Monoparentalen an d'Steuerklasse 2 virun allem déi mat méi héije Revenuen profitéieren. Dofir plädéiere mir dofir amplaz fir eng substanzuell Erhéijung vum Steuerkredit fir Monoparentalen. Géife mir deen zum Beispill verduebelen, dann hätt eng elengerzéiend Famill mat niddregem Revenu bis zu 125 Euro am Mount méi an der Täsche, also iwwer 100 Euro méi, wéi wa mer se an der Steuerklasse 2 géife besteieren. An dëst ass am Géigesaz zum Beispill vun den 10 Euro eng wierklech ënnerstëtzung fir elengerzéiend Famillje mat niddregem bis mëttlerem Revenu.

A jo, natierlech besteet och eng Ongerechtegkeet an der Besteuerung vu Koppele par rapport zu Elengerzéienden. Dës Ongerechtegkeet ass allerdéngs e méi generelle Problem, deen dorop berout, dass mer dräi Steuerklassen an onsem Steiersystem hunn, dee jee no Liewenssituatioun d'Leit ënnerschiddlech besteiert. Doduerch sinn net just Monoparentalen, mee och d'Celibatairé par rapport zu de Koppele benodeelegt.

D'Léisung fir dës Problem ass awer net, verschidde Bevölkerungsgruppen vun där enger an déi aner Steuerklasse ze verschiben. Déi eenzeg Léisung dofir ass a bleift d'Individualiséierung vun der Akommessteuer, eng Reform, déi dës Regierung wollt maachen, mee aus bekannte Grënn awer net konnt maachen.

Als Gréng bleiwe mer awer derbäi: D'Besteuerung sollt net dës le départ drop baséieren, ob ee bestuet, gepact, elengerzéiend oder celibataire ass. An dofir bleift d'Individualiséierung fir ons och eng Prioritéit fir déi nächst Legislaturperiode.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech hu virdrun erkläert, firwat mer eng méi staark Solidaritéit an onsem Steiersystem brauchen. Dës verstärkt Solidaritéit geet natierlech an zwou Richtungen: op där enger Säit déi zousätzlech ënnerstëtzung fir déi, déi et am meeschte brauchen, an op där anerer Säit awer och en zousätzlechen Effort vun deenen, déi sech et leeschte kënnen, fir méi bäizetroen.

Am Sënn vun dëser verstärkter Solidaritéit denke mir, dass et ubruecht wär, fir iwwer eng Upassung vum Spëtzesteuersaz op 45 % nozedenken, deen allerdéngs eréischt bei engem Akommes vun 300.000



Euro am Joer géif gräifen. Mir proposéieren also, eng zousätzlech Tranche an der Steiertabell bäizesetzen.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Mir gesinn dëst als en zousätzlechen Effort vun de Stéit mat ganz héije Revenuen, fir d'Ëmverdeelung ze stäerken an d'Ënnerstützungsmoosname fir kleng Revenuen, déi ech virdrun erkläert hunn, ze finanzéieren.

Zu Lëtzebuerg waren am Joer 2018 déi rächsten 10 % vun der Bevëlkerung am Besëtz vun der Hallschent vun dem gesamte Verméigen. Déi ënnescht Hallschent vun der Populatioun dogéint hat just 9 % vum gesamte Verméigen.

Eng Kombinatioun vu steierleche Bevirdeeleunge vum Kapitel huet derzou geféiert, dass dës Schéier tëscht Aarm a Räich weider auserneegeet. D'Revenuen aus Kapital ginn a ville Situatiounen steierlech bevirdelegt. Während d'Akommens aus der Aarbecht voll besteiert gëtt, ginn d'Revenuen aus dem Kapital, dorënner zum Beispill d'Dividenden aus Aktien, nëmmen zur Hallschent besteiert.

D'Logik, déi dës Dispositioun zugronn läit, ass, dass am anere Fall eng duebel Besteuerung géif virleien, well d'Revenue schonn um Niveau vun den Entreprisë besteiert goufen. Iwwert déi muss een op alle Fall diskutéieren, an déi Argumentatioun kënnt och an onsen Aen un hir Limiten.

Éischtens huet sech d'Besteuerung vun de Betriber nämlech däitlech gewandelt. Am Kader vun der Globaliséierung an der Necessitéit, als Standuert kompetitiv ze bleiwen, gouf et eng sougenannte „race to the bottom“ bei der Betribsbesteuerung. Während den Taux vun der Betribsbesteuerung zu Lëtzebuerg virun 20 Joer nach bei 37 % louch, esou läit en haut bei knapp 25 %, also eng Reduktioun vun engem Drëttel. Dobäi kënnt, dass et sech hei just ëm en nominale Steiersaz handelt, en Taux, deen also éischter theoreetesch ass, well en duerch nach eng ganz Rei Deduktiounen ka reduzéiert ginn.

Zweetens ass och d'Logik respektiv d'Argument vun der Duebelbesteuerung u sech a Fro ze stellen. E Benefiss ze maachen, bedeit net automatesch, dass dës Benefiss muss a Form vun Dividenden ausbezuelt ginn. Am Géigendeel: Deen ze erwaardende Räichtum kann och benotzt ginn, fir weider ze investéieren. A grad haut, wou d'Entreprisë mussen investéieren, fir klimaneutral ze ginn, ass d'Bevirdeeleung an der Besteuerung vun Dividenden dowéinst och e falschen Incentive, well d'Benefisser net reinvestéiert ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Als Gréng plädéiere mer derfir, an d'Richtung vun enger méi staarker an doduerjer méi gerechter Besteuerung vu Kapitalertrëg ze goen. Den Zuele vun der Steierverwaltung no kéinte mer duerch eng Vollbesteuerung vu Kapitalertrëg zousätzlech Recettë vun iwwer 100 Milliounen Euro pro Joer generéieren, woumat schonn e gudden Deel vun den Ënnerstützungsmoosname fir niddreg a mëttel Revenue finanzéiert kéint ginn.

Fir nohalteg Investitiounen ze favoriséieren, wëlle mer kucken, awéiwäit eng steierlech Begënschtegung kéint bäibehale gi fir nohalteg Investitiounen. An ech wäert och méi spët a menger Ried dorop zrëckkommen.

Donieft si mir als Gréng awer och der Meinung, dass d'Exemption beim Kaf a Verkauf vu Wäertpabeiere misst iwwerduecht ginn. Haut ass et esou, dass d'Plus-value no sechs Méint net méi besteiert gëtt. Dëst steet am Widdersproch zur Besteuerung vu Plusvaluen am Immobilieberäich, wou no méi wéi zwee Joer den Demi-taux global applizéiert gëtt. Och hei

wier mat zousätzleche Recetten am dräistellige Milliounenberäich ze rechnen, wann och no sechs Méint mam Demi-taux global géif besteiert ginn.

Mir hunn et also am Moment mat engem Steiersystem ze dinn, deen d'Kapital am Géigesaz zur Aarbecht bevirdelegt. E weideren Aspekt dovun ass, dass d'Verméigen, ausser der Grondsteuer, déi wéinst dem joerzëngtenale Referenzwäert extreem niddreg ass, net besteiert ginn. An am Hibleck op déi klammend Ongläichheete beim Patrimoine muss mer eng Diskussioun iwwert d'Besteuerung vum Verméige féieren, an dat net just am Kader vun der Grondsteuer, mee doriwwer eraus.

Zu Lëtzebuerg geet et heibäi natierlech zum groussen Deel ëm de Patrimoine immobilier, op deen ech och gläich wäert agoen. Hei lount et sech och, e Bléck iwwert d'Grenzen eraus ze werfen.

A Frankräich gouf ënnert dem François Hollande eng Verméigenssteuer agefouert, déi ënnert dem liberale President Emmanuel Macron an en Impôt sur la fortune immobilière ëmgewandelt gouf.

E weidere Facteur ass, dass och d'Ierfschaften an direkter Linn zu Lëtzebuerg steierfräi sinn. International Gremie wéi d'OCDE soen dozou, dass d'Ierfschaftsbesteuerung eng wichteg Measure ass, fir d'Chancëgläichheet ze stäerken, wëssend, dass de materielle Räichtum, mat deem een op dës Welt kënnt, e kruziale Facteur fir d'Reussite bleift, och zu Lëtzebuerg.

Als Gréng verschléisse mer ons där Diskussioun net, mee fir ons ass awer och kloer, dass bei béide Steieren adequat Fräibetrëg missten agefouert ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Ech hunn et virdrun och schonn ugeschwat: D'Besteuerung vun den Entreprisën ass an de leschte Joerzëngte global zrëckgaangen. Och wann de Mechanismus, deen dozou gefouert huet, novollzéierbar ass, esou ass dëst awer fir eis kloer keng positiv Tendenz.

Fir ons Gréng ass et wichteg, dass all Betriber, net just de klengen Handwerksbetrieb, mee och déi grouss multinational Entreprisën, hire gerechte Bäitrag zum Finanzement vum Staatsbudget bäidroen. Fir ons ass dofir och kloer, dass de generellen Taux vun der Betribsbesteuerung net soll weider erofgesat ginn. Par contre wëlle mir d'Betriber beschméiglech bei der Transitioun a Richtung Klimaneutralitéit ënnerstëtzen. An och hei kommen ech méi spët a menger Ried nach eng Kéier drop zrëck.

Här President, Dir Dammen an Hären, zur sozialer Fro gehéiert zu Lëtzebuerg natierlech och de Logement. Sech en Daach iwwert dem Kapp leeschte kënnen, därëf am räiche Lëtzebuerg kee Luxus sinn. Mee d'Versäumnisse aus de leschte Joerzëngten hunn eis awer an déi Situatioun bruecht, wou dat fir ëmmer méi Leit awer eng Realitéit ass. Eise Wunnungsbauminister huet dofir eng ganz Rei wichteg Reformen op de Wee bruecht: de Pacte Logement 2.0, dat neit Mietgesetz, de Fonds spécial an esou weider. A gläichzäiteg sinn d'Investissementer fir den ëffentleche Wunnenspark massiv erhéicht ginn.

Dat ass och de richtege Wee, andeems mer quasi en zweete Marché schafen, an deem de Staat sécherstellt, dass zu bezuelbare Präisser verkaaft an och verlount gëtt. Hei huet an de leschte Joren e kloert Ëmdenke stattfonnt. Et wäert awer eng gewëssen Zäit daueren, fir dëse Marché vu bezuelbarem Wunraum opzebauen. An et wäert de Staat och virdru grouss Depensë kaschten, mir mussen dat jo och finanzéieren.

Mir brauchen dofir parallel och en Ëmdenken an der Steierpolitik, fir um private Marché ëmzesteieren. An de leschte Jore gouf et och hei schonn eng Rei steierlech Mesuren, déi am Logementsberäich geholl goufen. Et gouf eng Steuer op d'Immobilienpekulation mat de Fonds d'investissement spécialisés agefouert an den Amortissement accéléré gouf liicht ofgeschwächt. Dës Mesurë ware richteg, mee eng déifgräifend Reform vun der Steierpolitik am Logementsberäich feelt awer bis haut.

Eng nei Etüd vum Observatoire de l'habitat weist, dass d'Proprietären, déi Wunnengen verlounen, am meeschte vun de steierlechen Dispositiounen am Logementsberäich profitéieren. Während e Locataire mat niddregem Revenu am Duerchschnitt ëm déi 150 Euro am Mount Ënnerstützung kritt, profitéiert e räiche Proprietär am fënnefte Quintile, dee Wunnengen verlount, am Duerchschnitt vu bis zu 450 Euro am Mount, also dräimol esou vill wéi de Locataire a mengem Beispill.

Dëst geet virun allem op déi sëllegen Ofschreiwungen zrëck, déi d'Proprietären op hirem Revenu locatif kënnen geltend maachen, wouvun am Amortissement accéléré dee gréissten Deel ze fannen ass. Dës Dispositioun erlaabt et bei neie Wunnengen oft, de gesamte Locationrevenu vun de Steieren ze befreien an esouguer op anere Revenue Steieren anzespueren. An dëst ass aus zwee Grënn problematesch. Éischtens aus der Perspektiv vun der Steiergerechtegkeet. Déi, déi sech et leeschte kënnen, eng zweet, drëtt, véiert Wunneng ze kafen an ze verlounen, kréien d'Steiere quasi geschenkt, während de Revenu aus normaler Aarbecht normal besteiert gëtt. Dat ass an onsen Aen net gerecht an dréit zu klammenden Ongläichheete bäi.

Zweetens ass et och problematesch fir d'Dynamik um Logementmarché. Duerch Dispositiounen wéi den Amortissement accéléré gëtt nämlech den Invest an de Steen nach méi attraktiv, wéi e souwisou schonn ass, wat d'Demande ukuerbelt an deementspreechend och zu klammende Präisser bäidréit.

Den Amortissement accéléré ass dowéinst net méi zäitgeméis a misst ofgeschafft ginn. Dëst géif ons och 50 Milliounen méi am Budget erabréngen. An ännlech verhält et sech och bei der Deduktioun vun de Kredittzënse. Während d'Steierrecht haut e Plaffong virgesäit bei deenen Interëten, déi den éischte Wunnsätz betreffen, gëtt et bei de Wunnengen, déi an d'Locatioun gesat ginn, kee Plaffong. A mir sinn der Meinung, dass et e Plaffong misst a béide Fäll ginn.

Nieft der steierlecher Bevirdeeleung bei der Locatioun ass och d'Besteuerung vun de Plusvaluen am Logementsberäich relativ favorabel. Während an deenen zwee éischte Joren den normale progressive Steiertaux applizéiert gëtt, gëllt no zwee Joer den Demi-taux global. Dobäi kënnt dann och nach den Abatement décennal vu 50.000 Euro, dee bei Koppele op 100.000 Euro verduebelt gëtt.

Fir ze illustréieren, wéi favorabel dës System ass, och am Zesummespill vun de verschiddenen Dispositiounen, wëll ech Iech hei e klengt Beispill presentéieren.

Soe mer, mir hunn eng Koppel, déi sech am Joer 2015 eng Eenzimmerwunneng an der Stad kaaft huet fir ze verlounen. De Meterkareepreis fir den Neibau louch deemools an der Stad bei ëm déi 7.000 Euro. Fir 50 Meterkaree hu se also missen, Frais d'acte inclus, ëm déi 380.000 Euro op den Dësch leeën. Während fënnf Joer huet d'Koppel dann duerch den Amortissement accéléré quasi keng Steieren um Revenu locatif misse bezuelen.

2020 gouf d'Appartement du verkaaft zum Marchépreis vun enger knapper hallwer Millioun.

D'Plus-value iwwer fënnef Joer bedréit also 120.000 Euro, déi also ka besteiert ginn. Ma duerch den Abatement décennal reduzéiert sech déi imposabel Plus-value op 20.000 Euro. Gi mer woum héchste Steiertax aus, also 21 %, da fale mer um Enn bei eppes méi wéi 4.000 Euro. D'Koppel huet also iwwer fënnef Joer e Gewënn vun 120.000 Euro plus de steierfräie Loyer gemaach a bezilt dorop 4.000 Euro Steieren. Dat entsprécht engem reelle Besteuerungstaux vun 3,5 %.

Dës Rechnung ass natierlech vereinfacht, mee se illustréiert awer, wou an onsen Aen de Problem läit. Et geet hei net drëms ze soen, dass et per se schlecht ass, an Immobilien ze investéieren. Nee, et geet vill-méi drëm, drop hanzeweisen, dass d'Verhältnisméissegkeet an der Besteuerung haut net ginn ass. Dobäi kënnt, dass, genau wéi beim Amortissement accéléré, duerch dës favorabel Besteuerung d'Investissementen an Immobilie favoriséiert ginn, wat finalement och d'Präisser an d'Demande undreift.

**Une voix | Très bien!**

**M. François Benoy** (déi gréng) | An als Gréng si mer dowéinst der Meenung, dass mir och d'Besteuerung vun de Plus-valué mussen iwwerdenken.

Den Abatement décennal schénkt ons an dësem Kontext vun der aktueller Wunnungskris net méi zäitgeméiss a sollt ofgeschafft ginn. Gläichzäitg sollte mer d'Frist, no där just nach den Demi-taux global applizéiert gëtt an déi haut op zwee Joer läit, ausweiden. Zesumme mat der Ofschaffung vum Amortissement accéléré kënne mer esou eng méi gerecht Besteuerung assuréieren a gläichzäitg och wichteg zousätzlech Recetten erschléissen, déi dann och genotzt kënne ginn, fir öffentlechen a bezuelbare Wunraum ze finanzéieren.

Fir méi Wunraum ze schafen an dobäi awer och am Aklang mat der Ëmwelt an dem Naturschutz ze bleiwen, muss natierlech virun allem am urbane Raum d'Densitéit erhéicht ginn. Dës Erhéijung vun der Densitéit bréngt natierlech mat sech, dass de Wäert woum betreffen Terrain däitlech klëmmt, well méi drop ka gebaut ginn. Doduerch entsti fir de Proprietär considerabel Plus-valuen, ouni dass hien oder si dofir eppes méi musse leeschten. A fir dass en Deel vun dem Wäertgewënn der Allgemengheet zeguttkënnt, si mer der Meenung, dass dës Plus-valué misste besteiert ginn. Mir kënnen eis hei e Modell vun der Mehrwertabgabe virstellen, wéi et se haut schon am Kanton Basel gëtt. D'Besteuerung bezitt sech ausschliesslech op de Wäertgewënn, deen duerch déi tatsächlech realiséiert Erhéijung vum Baupotenzial entsteet. D'Steier gëtt eréischt da fälleg, wa gebaut gëtt. Eiser Meenung no ass dat e gerechte System, deen ekonomesch Sënn mécht an deen och einfach unzewenden ass.

An nieft all deenen Iwwerleeunge bleiwen natierlech och déi Reformen, déi schon d'lescht Joer ugekënnegt goufen, weiderhin aktuell. Fir méi bebaubaren Terrain am Perimeter ze mobiliséieren, hat d'Regierung jo ugekënnegt, eng Mobiliséierungssteuer wellen anzeféieren. Donieft soll och eng Steuer op Leerstand an eng Reform vun der Grondsteuer ëmgesat ginn. An dofir freeë mer eis drop, wann nom Summer hei konkret Projeten deposéiert ginn, déi mer dann och esou séier wéi méiglech mussen ëmsetzen.

Mir hunn an de Perimetre genuch Bauland, fir d'Logementskris seriö unzegoen, mir mussen et just mobiliséieren. D'Prioritéit muss natierlech op de Baulücke leien, also deene Flächen, déi schon erschloss sinn an déi séier kënnen mobiliséiert ginn. Ma fir dass dës Instrument och fonctionéiert, muss d'Mobiliséierungssteuer breet gräifen. All Ausnam riskéiert, d'Effikasitéit vun der Steuer ze ënnergruuen.

Déi aktuell Grondsteuer ass scho laang iwwerlieft a spigelt net méi d'Realitéit vum Terrain erëm. D'Erhebungsmethod muss dofir iwwerschafft a moderniséiert ginn. A ville Länner ass d'Grondsteuer eng effikass Recette, déi et de Gemengen erlaabt, och an Zäiten, wou d'Konjunktur net esou gutt ass, stabill Recetten ze behalen. A grad an der Covidzäit hu mer gesinn, wéi wichteg et ass, esou krisefest Recetten am Budget ze hunn. Doriwwer eraus mussen mer mat der Grondsteuerreform derfir suergen, dass jiddwer Proprietär säi gerechten Undeel um Finanzement vun de Servicer vun der Gemeng bäisteiert. Mir mussen och derfir suergen, wann e Fräibetrag fir den éischte Wunnsätz sollt agefouert ginn, dass dës awer net zu enger Erosioun vun der Steuerbasis féiert mat negative Konsequenzen op de Gemengebudget. Mir brauchen zu Lëtzebuerg staark Gemengen, an déi reforméiert Grondsteuer sollt och dozou bäidroen. Et ass fir eis dofir eng Prioritéit, aus der Grondsteuerreform eng ambitionéiert Reform ze maachen a se och séier ëmzesetzen.

**Une voix | Très bien!**

**M. François Benoy** (déi gréng) | Nieft dem Invest an öffentlechen a bezuelbare Wunraum sollte mer och d'abordabel Wunnengen um private Marché ausbauen.

Haut ass et esou, dass de Revenu locatif vun enger Wunneng aus der Gestion locative sociale zur Hall-schent steierfräi ass. De Loyer ass bei enger GLS natierlech awer och däitlech méi niddreg wéi um private Marché. Ma fir dass d'GLS, also d'Verlounen zu bezuelbare Präisser, méi genotzt gëtt, muss et par rapport zum private Marché attraktiv bleiwen. An dofir plädéiere mir, an d'Richtung vun enger méi staarker Steuerbefreiung vun de Locatiounsrevenue aus der Gestion locative sociale ze goen.

Déi lescht Joren hu gewisen, dass de Logements-marché sech net vum selwe gereegelt kritt an dass de Staat muss agreifen. An dofir mussen mer an den nächste Joren och d'Steierpolitik am Logements-beräich seriö op de Leescht huelen.

Ech kann eng kleng Paus maachen, well et geet zäitlech op hei, wann ech mech net ze vill stressen.

*(Hilarité et brouhaha)*

Gelif?

**M. Gilles Roth** (CSV) | Et ass e bëssen dréchen heibannen.

**M. François Benoy** (déi gréng) | D'Theema ass awer iwwerhaupt net dréchen, Här Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Nee, dat ass interessant.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Merci. Här President, Dir Dammen an Hären, d'Steierpolitik ass och e wichteg Instrument fir eng ambitiéis Klima- an Ëmweltpolitik. Dat heescht fir eis, dass mer esou séier wéi méiglech klimaneutral ginn. D'Instrument vun der CO<sub>2</sub>-Bepräisung hu mer zu Lëtzebuerg jo schon agefouert, grad wéi zum Beispill eng reduzéiert Taxe d'abonnement op nohaltege Finanzproduiten oder d'Steierbefreiung vun de Recetten aus private Fotovoltaikanlagen.

D'Klimakris gëtt awer weider acceleréiert an doduerch gëtt et och ëmmer méi urgent. D'Wiederextremer spiere mer jo och grad dës Deeg mat bis zu 40 Grad a Mëtteleuropa an enger extremer Dréchent. Grad esou heefe sech och Staarkreenevenementer. An haut op den Dag genau ass et e Joer hier, dass mer zu Lëtzebuerg vun engem Rekordhéichwaasser mat ganz vill Schued getraff goufen.

Mam Krich an der Ukrain gouf awer och verdäitlecht, dass mir och aus geopolitische Grënn dréngend

aus de fossilen Energië mussen erauskammen. Mir mussen also all Instrumenter, och steierlech a finanziell Ureizer schafen, fir klima- an ëmweltfrëndlech Léisunge weider auszubauen.

Dofir proposéiere mir Gréng eng Reduktioun op der TVA beim Verkauf an der Locatioun vu Vëloen op bis zu 5 % a bei der Installatioun vu Fotovoltaikanlagen op 0 %, esou wéi déi nei europäesch Direktiv dat och erméiglecht.

Fir d'Kreeslafwirtschaft ze fërderen, soll d'TVA op Reparaturarbechten op Haushaltsgeräte, Kleeder oder Vëloen op 5 % reduzéiert ginn. Klimafreundlech Finanzprodukte solle begünstegt ginn. Allerdéngs dierf et op kee Fall zu Greenwashing kommen, mat deem mir haut awer dacks konfrontéiert sinn. An deem Sënn muss déi reduzéiert Taxe d'abonnement och ugepasst ginn, fir dass keng Investissementen an Atomenergie a Gas vun de Steuerbegünstegunge profitéieren kënnen, déi et jo leider an d'europäesch Taxonomie gepackt hunn als Iwwergangstechnologie.

Mir brauchen also eng Gesetzesännerung, wou déi reduzéiert Taxe d'abonnement sech ausschliesslech op Artikel-9-Investissementen beschränkt. Mëttelfristeg si mer och der Meenung, dass d'Taxe d'abonnement fir klimaschiedlech Investissementen muss gehuewe ginn. Och d'Entreprise solle steierlech Ureizer kréie fir Investissementen an erneierbar Energien an Energieeffizienz, woubäi et och hei immens wichteg ass, all Form vu Greenwashing ze vermeiden.

Mir dierfen net an eng Situatioun kommen, an där d'Betriber hir Steiere reduzéieren kënnen duerch pseudonohaltege Investissementen, déi se méiglecherweis souwiso hätte misse maachen. Doriwwer eraus plädéieren mer derfir, eng eventuell steierlech Ofschreiwung fir Entreprise fir nohaltege Investissementen och zäitlech ze begrenzen. Dës schafft nämlech en zousätzlechen Incentive, fir séier ze investéieren, well et sinn déi nächst Joren, déi fir de Klima entscheidend sinn.

A wéi ech scho méi fréi a menger Ried gesot hunn, heescht et awer och, driwwer nozedenken, wierklech nohaltege Investissementen vun Eenzelpersone steierlech ze begünstegen, och hei nees mam Artikel 9 vun der Taxonomie als Referenz.

Och e Mobilitéitsbudget sollt an d'A gefaasst ginn; dat heescht, dass Salariéen eng steierlech interessant Alternativ zum Dénsgscharauto, dee jo steierlech begünstegt ass, ugebuede kréien. Dat kann zum Beispill en Elektrovëlo mat Service sinn, e Carsharing-Abo mat engem Fräibetrag, Zuchtticketen oder, oder, oder.

An d'CO<sub>2</sub>-Bepräisung, wou mir mam Budget 2021 e Präis vun 20 Euro d'Tonn agefouert hunn, ass e Paradebeispill dofir, wéi ee mat engem steierlechen Instrument klimafreundlech Investissementen ka fërderen. Duerch déi schrittweis Erhéijung ëm 5 Euro d'Joer ass d'Richtung fir d'Bierger a fir d'Entreprise kloer. An onsen Aen soll dat wichteg Instrument och an deem Sënn weidergefouert ginn. Gläichzäitg mussen awer och d'Kompensationsmesurë fir d'Leit mat niddregem Akommes gehéicht ginn. Andeems mer eise Steiersystem esou moderniséieren, dass en déi richteg Incentivë setzt, gi mer nämlech e wichtige Schrëtt a Richtung Klimaneutralitéit.

Här President, Dir Dammen an Hären, am Ufank vu menger Interventioun hunn ech erkläert, dass mir eise Steiersystem moderniséieren mussen, wa mir de Staatsbudget op stabill Fiéss wëlle setzen. Wa mir kucken, wéi de Staatsbudget sech entwéckelt huet, da constatéieren mer, dass d'Ofhängegkeete bei de Recettë staark vum Wuesstum, vun den Aarbechtsplazen a vun der Finanzplatz ofhänken. Mir sinn och vun



de Recetten aus dem klima-, ëmwelt- a gesondheets-schiedleche Bensinn an Diesel ofhängeg, grad wéi vun der Vente vum Tubak.

Wëssend, dass och spéitstens 2035 just nach Elektroautoe wäerten zougelooss ginn, musse mir d'Recettë vum Staat dréngend diversifizéieren. Dozou gehéiert och, dass mir all d'Steierbegünstegungen op de Leescht huelen an, falls et noutwendeg ass, upassen. Den Amortissement accélére hunn ech virdru scho genannt, wou mer séier handele kéinten, well et däerf ons net nach eng Kéier passéiere wéi bei der TVA op dem Commerce électronique, wou vun engem Moment op deen aneren ons 500 Milliounen Euro am Staatsbudget gefeelt hunn.

Wa mer déi grouss Erausforderunge wëllen ugoen, da mussen all d'gesellschaftlech Acteuren och hire Bäitrag zur Finanzéierung vun der Allgemengheet bäidroen. Ech hunn an deem Sënn eng ganz Rei Upassung bei der Besteuerung vun héije Revenue vum Kapital an am Logement proposéiert, dobäi zum Beispill d'Erhéijung vum Spëtzesteiersaz an eng méi gerecht Besteuerung vun de Plus-wäerten.

Gläichzäiteg musse mer d'Mënsche stäerken, andeems mer iwwert d'Steierpolitik derfir suergen, dass jiddweree vu sengem Loun liewe kann. Ech hunn dofir konkret Entlaaschtunge fir d'Stëit mat niddregem a mëttlerem Revenu proposéiert, ënner anerem iwwert d'Erhéijung vum Mindestloun. Mir mussen och méi abordabele Wunnumraum schafen an de Wunnengsmaart esou lenken, dass mer e Recht op Wunne fir jiddwereen assuréiere kënnen.

An zu gudder Lescht brauche mer e Steiersystem, deen e Systemwiessel a Richtung Klimaneutralitéit ënnerstëtzt a beschleunegt. Just wa mer dëse Wee ginn an onse Steiersystem déifgräifend a Richtung vu méi Gerechtegkeet, Nohaltegkeet an Zukunftsfäegkeet reforméieren, jo, just da kënnen mer och e wirkleche Wandel erbauféieren an onst Land op d'Zukunft preparéieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här François Benoy. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här André Bauler fir den Depot vun enger Motioun.

**M. André Bauler** (DP) | Jo, Dir hutt Recht. Ech kommen direkt. Jo, entschëllegt, Här Reding, mir sinn direkt fäerdeg. Ech wollt hei am Numm vun der Majoritéit eng Motioun deposéieren – se ass op Franséisch formuléiert, ech versiche se elo ganz séier hei, op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen –, wou mer d'Regierung invitéieren, fir Pisten ze sichen, fir d'Modernisatioun an d'Veinfachung vun eisem Steiersystem weiderzedreiven; Pisten ze sichen, fir op cibléiert Manéier d'Steierlaascht vun de physische Persounen erofzesetzen, dat an de Limitte vun enger adequater budgetärer Marge de manoeuvre, fir d'Nohaltegkeet vun eise Staatsfinanzen net ze kompromettéieren; d'Entwécklung vun den Energiepräisser ze suivéieren, andeems e reegelméisseg Suivi vun der zousätzlecher Finanzlaascht, déi d'Menagen ze droen hunn, gewärlescht gëtt; dann och d'Opportunitéit ze evaluéieren, fir op geziilt Manéier an an der Limitt vun der verfügbarer budgetärer Marge de manoeuvre d'Kafkraaft vun de Familien monoparentales ze verstärken; dann d'Opportunitéit ze analyséieren, fir den Taux vun der TVA op bestëmmte Gidder a Servicen unzepassen, fir esou déi energieetesche Transitioun ze ënnerstëtzen an och d'zirkulär Wirtschaft. An dann: d'Regierung invitéieren, de Regimm

vum Amortissement accélére fir Immobilien, déi am Locatif sinn, ze evaluéieren an dësen ënner Ernstänn nach manner interessant ze maachen; da Pisten ze studéieren, fir nohalteg Investissementer ze favoriséieren, déi zu den ambitionéiertste Krittäre vun der europäescher Taxonomie konform sinn, dat och am Kontext vun der Applikatioun vun der reduzéierter Taxe d'abonnement, esou wéi se am Budgetgesetz 2021 agefouert gouf. An dann och: d'Regierung invitéieren, weiderzefueren a sech ze engagéieren, fir en Ëmfeld ze schafen, ze assuréieren, dat Talenter unzitt a behält souwéi héich qualifizéiert Profiler unzitt an och d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomik verstärkt.

Merci, Här President.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

– *considérant le rapport de la Commission des Finances et du Budget, adopté en date du 8 juillet 2022, et ayant servi de base pour préparer le débat d'orientation sur la modernisation et les défis de notre système fiscal, ainsi que le débat subséquent ;*

– *considérant que l'ensemble des mesures décidées dans le cadre de la lutte contre la pandémie du Covid-19 ont eu un effet considérable sur les finances publiques ;*

– *considérant que les paquets de mesures au bénéfice des salariés, indépendants et entreprises étaient néanmoins indispensables afin de sauvegarder des emplois, d'atténuer l'impact économique et social et de préparer la relance économique du Luxembourg ;*

– *considérant que les tensions géopolitiques et les conséquences y liées ont entraîné un renchérissement du coût des matières premières et des prix de l'énergie ;*

– *constatant que la flambée des prix de l'énergie affecte le pouvoir d'achat des ménages, et, en particulier, des ménages les plus vulnérables ;*

– *saluant, dans ce contexte, les efforts budgétaires conséquents du Gouvernement afin de soutenir les ménages, les entreprises et les indépendants, dont notamment :*

• *les mesures dites du « Energiedesch » du 28 février 2022 s'élevant à 75 millions d'euros et s'adressant aux ménages les plus vulnérables,*

• *le paquet de mesures prévues dans l'accord tripartite du 31 mars 2022 ayant une envergure historique de plus de 820 millions d'euros et répondant à l'objectif de garantir la paix sociale au Luxembourg en limitant l'impact de l'inflation sur les ménages et les entreprises ;*

– *rappelant les efforts réussis déployés par le Gouvernement pour renforcer le pouvoir d'achat, en particulier des ménages les plus vulnérables, dont notamment la mise en œuvre de la réforme fiscale de 2017 et les mesures des lois budgétaires successives ayant renforcé le pouvoir d'achat des ménages les plus modestes et des classes moyennes ;*

– *se félicitant des mesures nouvellement introduites ou en voie de mise en place, qui traduisent la volonté du Gouvernement de continuer à renforcer les chances d'avenir des enfants, tout en soulageant financièrement les familles, telles que la gratuité des services d'éducation et d'accueil pendant les semaines d'école, la gratuité des repas à la cantine pour les enfants de familles à revenus faibles ou encore la gratuité de l'enseignement musical ;*

– *saluant les mesures annoncées lors du discours sur l'état de la nation du 12 octobre 2021 en matière de logement, telles que la réforme générale de l'impôt foncier, l'introduction d'une taxe de spéculation nationale et l'instauration d'un registre national des logements vides ;*

– *soulignant l'importance de continuer à réduire la dépendance des énergies fossiles et de maintenir une politique climatique ambitieuse ;*

– *considérant que le Gouvernement poursuit une politique très dynamique de développement des énergies renouvelables, réduisant ainsi progressivement la dépendance des énergies fossiles ;*

– *soulignant que les efforts du Gouvernement mentionnés ci-dessus s'inscrivent dans la lignée des thèmes identifiés lors de travaux préparatifs du débat fiscal, à savoir l'équité sociale, le logement, la compétitivité économique, le développement durable, la digitalisation et la simplification administrative ;*

– *considérant qu'au Luxembourg, selon le Statec, le taux d'inflation en juin 2022 se situe à 7,4 % sur un an ;*

– *reconnaissant les incertitudes importantes entourant la future évolution des prix, y compris le risque que le niveau actuellement élevé de l'inflation s'inscrive dans la durée ;*

– *rappelant l'importance de préserver l'attractivité économique du Luxembourg, surtout en comparaison internationale ;*

– *notant que le programme de stabilité et de croissance du Grand-Duché de Luxembourg pour l'année 2022 table sur un déficit de l'administration centrale de 1,6 milliard d'euros ;*

– *relevant l'importance de poursuivre une politique budgétaire responsable, afin de préserver la soutenabilité des finances publiques et le maintien de la notation AAA ;*

– *rappelant l'accord de coalition 2018–2023 et l'engagement du Gouvernement à veiller de façon conséquente à ce que la dette publique soit maintenue à tout moment en-dessous de 30 % du PIB et que l'objectif budgétaire à moyen terme soit respecté,*

*invite le Gouvernement*

– *à poursuivre l'examen de pistes permettant de simplifier et de moderniser notre système fiscal ;*

– *à poursuivre l'examen de pistes permettant de rendre notre système fiscal encore plus équitable et de réduire de manière ciblée la charge fiscale des personnes physiques, à condition et dans les limites d'une marge de manoeuvre budgétaire suffisante pour ne pas compromettre la soutenabilité des finances publiques ;*

– *à continuer de suivre de près l'évolution des prix de l'énergie en assurant un suivi régulier de la charge financière supplémentaire supportée par les ménages en matière d'énergie ;*

– *à évaluer l'opportunité de renforcer, de manière ciblée et dans la limite de la marge budgétaire disponible, le pouvoir d'achat des familles monoparentales ;*

– *à analyser l'opportunité et, le cas échéant, d'adapter le taux de taxe sur la valeur ajoutée sur certains biens et services en raison de la directive (UE) 2022/542 du Conseil du 5 avril 2022 modifiant les directives 2006/112/CE et (UE) 2020/285 en ce qui concerne les taux de taxe sur la valeur ajoutée, pour soutenir la transition énergétique et l'économie circulaire ;*

– *à évaluer le régime de l'amortissement accéléré pour les immeubles affectés au logement locatif, tel que modifié par la loi budgétaire de l'année 2021, et le rendre, le cas échéant, encore moins avantageux ;*

– *à étudier des pistes pour favoriser les investissements durables conformes aux critères les plus ambitieux de la taxonomie européenne, y inclus dans le contexte de l'application de la taxe d'abonnement réduite telle qu'introduite par la loi budgétaire de l'année 2021 ;*

– *à continuer à s'engager pour un environnement propice à l'attraction et à la rétention de jeunes talents et de profils hautement qualifiés, ainsi qu'au renforcement de la compétitivité de l'économie luxembourgeoise.*

(s.) André Bauler, Gilles Baum, François Benoy, Yves Cruchten, Dan Kersch, Josée Lorsché.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmoos, Här Bauler. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

**M. Roy Reding (ADR)** | Merci, Här President. Léif Kollege, Dir Dammen an Dir Hären, dat heiten ass en extreem gudden Exercice. Ech fannen et wichtig fir eis heibannen an ech fannen et och wichtig fir d'Leit dobaussen, datt emol eng Kéier opgewise gouf vun de Rapporteren André Bauler a Gilles Roth, wat mer hei alles am Land u Steieren hunn an och wat de Poids relatif vun deene verschiddene Steieren ass. Wéi vill eigentlech Aarbecht besteiert gëtt a wéi wéineg aner Saache besteiert ginn, respektiv wéi wéineg Recetten erakommen duerch verschidde Saachen a wéi vill Recetten erakommen duerch aner Saachen.

Den Här Roth huet haut de Moie ganz androcksvoll bewisen, datt zum Beispill eis Tubakssteuer e rise-grousse Revenu fir Lëtzebuerg ass. Wa mer awer elo eis Bensinssprässer ze héich maachen oder eis Dieselsprässer, da komme manner Leit tanken, dann erfëlle mer eventuell iergendwellech fiktiv Energieziler, déi awer absolut näischt mam CO<sub>2</sub> ze dinn hunn a mat der Äerderwärmung, mee mir verléieren Honnerten an Dausende vu Milliounen Akommes.

**Une voix** | Très bien!

**M. Roy Reding (ADR)** | Do gesäit een, wéi Steuerpolitik an der Realitéit eis eppes Guddes doe kann, ouni den Einzelnen ze belasteschen. Den Här Roth an den Här Bauler hunn och am Numm vun hire Parteie Saache proposéiert. An ech kann elo scho soen, ouni de Suspense virewech ze huelen, datt mer mat bal allem, Här Roth, mat bal allem d'accord sinn an eis iwwer alles, wat den Här Bauler gesot huet, freeën.

Keng Verméigenssteuer hei am Land, keng Ierfschaftssteuer an direkter Linn, dat si ganz gutt Nouvelles. Mir als ADR, mir gi méi wäit. Mee dozou méi spët.

Leider Gottes awer gesäit een och an deem Debat, datt Politiker kënnen – an ech kucken elo guer keen – eng onbegrenzte Fantaisie entwéckelen, wann et drëm geet, nei Steieren anzeféieren oder Steieren ze erhéien oder Ëmverdeelungen wëllen ze maachen. An ech huelen nëmmen d'Beispill vun der Ierfschaftssteuer, wéi moralisch verwerflech dat dach ass, datt Mënschen op d'Welt kommen an dann eppes ierwen an eppes kréien.

Mee kommt, mir sinn dach éierlech mateneen! Wa meng Kanner missten Ierfschaftssteuer bezuelen, eng héich Ierfschaftssteuer, wa méiglech, ma da géif ech dach näischt opbauen. Da géif ech dach kucken, datt, wann ech de Pupp zoudoen, datt wann näischt méi do ass. Firwat soll ech dann? Wat wier dann nach meng Motivatioun ze schaffen? Mee kommt, mir gesinn dach déi mënschlech Natur, wéi se ass! Du schaffs dach, fir eppes ze hunn. An du schaffs dach, fir eppes opzebauen. A wann de Staat der déi Méiglechkeet hëlt, ma da bleifs de net méi an deem Staat. Da sichts de der e Staat, wou s de déi Méiglechkeeten hues. An och där gëtt et nach ganz vill op der Welt. An hautdesdaags ass et liicht ze reesen an auszewandern a sech international ze strukturéieren.

Déi Leit, déi do esou Iddie vertrieeden, hunn einfach vun der Realitéit keng Anung. An ëmmer erëm vergiesse Politiker, vill Politiker, leider Gottes, wat den eigentlechen Zweck vu Steieren ass. Firwat erheift de Staat Steieren?

Et geet drëm, dem Staat seng Aufgaben a seng Aufgabe fir déi Aufgaben ze decken. An do si mer scho bei „des Pudels Kern“. Wann ëmmer nei Aufgaben erfond ginn, ëmmer nei a ganz oft ideologesch geprägte Staatsziler derbäikommen, da mussen och ëmmer méi an ëmmer nei an ëmmer méi héich

Steieren erfond ginn. An dat geet à la longue net gutt, well iergendwann eng Kéier huet de Bierger net méi d'Fäegkeet an/oder net méi de Wëllen, fir Steieren ze bezuelen. Dann ass en ausgeschëpft.

Als kleng Anekdot: An der Republik Kongo hate se eng Kéier déi gloriärich Iddi, den Akommenssteiersaz op 150 % ze setzen. Dir kënnt Iech jo elo ausrechnen, wéi vill Steieren datt se erakruten.

*(Hilarité)*

Wa mer also ëmmer nei Staatsziler, ideologesch Staatsziler an d'Welt setzen, d'Steieren awer net kënnen erhéien – well mir sinn um Limit ukomm, fundamental si mer um Limit ukomm, deen d'Leit nach akzeptéieren –, jo, da mussen mer eis verschëlden.

An do si mer eis heibanne jo awer bal alleguerten eens, datt dat dat Dramatescht wier fir Lëtzebuerg, wa mer eis Verschëldung esou héich schrauwen, datt mer iwwer 30 % – oder wat och ëmmer d'Avisen ... – vum PIB wieren, an eis Notatioun vum Triple-A duerch déi international Notatiounsbehörden net méi gi wier. Da gi mir hei mam Bengel, da gi mir hei mam Bengel. Dat ass dat, wat mer onbedéngt mussen verhënnern.

A fir mech ass duerfir direkt emol schonn d'Konklusioun: Mir mussen eis Ausgaben erofsetzen.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Très bien!

**M. Roy Reding (ADR)** | Mir dierfen net nei Ausgaben erfannen. Mir mussen déi besteeënd Ausgaben erofsetzen. Mir mussen – o dat schlëmmt Wuert –, mir mussen spueren. Wat mécht eng Famill, wann et um Enn vum Mount net méi duergeet mam Geld? Wat mécht se? Si ka keng nei Einnahmen erfannen. Dach, et kann een nach en zweeten Job unhuelen, et kann een nach zerwéiere goen, et kann een nach Autoe wäuschen. Mee fundamental seet se sech: Wat fir eng Ausgabe sinn néideg? Wat fir eng Ausgabe brauche mer? D'Kanner mussen erniert ginn, si brauche Kleeder, si brauche Schong, si mussen an d'Schoul goen. A wat fir eng brauche mer net? Musse mer onbedéngt dës Vakanz op Bali verbréngen? Oder bleiwe mer vläicht an Europa?

*(Interruption)*

Net aus ekologeschem Gewëssen, mee well ee wëllt spueren, Här Kersch, well ee wëllt spueren. Esou fonctionéiert eng normal Famill.

Mir als ADR waren nach ëmmer a mir bliwen der Opfaassung, datt de Staat sech soll ëm seng Käraufgabe këmmen, op déi konzentréieren an déi gutt maachen. A mir hunn déi net Impressioun, datt dat haut net méi de Fall ass, datt ëmmer nei Aufgaben derbäi erfond ginn, datt de Staat sech a Saachen amécht, déi e guer näischt uginnt, datt e Saache gratis gëtt, déi e guer net misst gratis ginn, fir déi ee kéint Taxe froen an dat en einfach an déi falsch Richtung leeft.

Kommt mir kucken, datt mer genuch Spideeler hunn! Mir haten haut de Moie rieds iwwer Spideeler. Kommt mir kucken, datt mer net mussen Gesetzer maachen, déi Leit zwéngen, sech ze impfen, well mer manner Better hunn an de Spideeler wéi all eis No-peschlänner!

Kommt mir kucken, datt mer eng ëffentlech Schoul hunn, déi gutt ass a wou d'Kanner op hir Zukunft preparéiert ginn, wou se Chancen hunn! Meng Generatioun, wa mir op d'Uni gaange sinn, ma mir ware mat oppenen Äerm wellkomm. E Lëtzebuurger krut op all franséischer Universitéit eng Plaz a mir waren oft bei deene Beschten, well mir haten eng super Première.

Kommt mir kucken, datt mer eng gutt Infrastruktur hu fir d'Betriben a fir d'Bierger eng schlank Bürokratie an net eng, déi an der Simplification administrative

gesäit: „Ma mir simplifiéieren elo eist Liewen an du, Bierger, du bréngs eis elo ëmmer erëm Kapië vun deene selwechte Saachen!“ – nee, mee eng, déi vernetzt ass an dem Bierger d'Demarché méi einfach mécht a méi bëlle mécht.

An eisen Aen erleedegt dës Staat seng Aufgabe méi schlecht wéi recht. An da komme mer elo zu eise Forderungen. Natierlech wëlle mer déi sozial Dimensioun bestoe loosse, net aus enger Ideologie vun Ëmverteilung, vu Schéier. D'Schéier ass egal. Wat bedeit eng Schéier? Wichtig ass: Kann dee klengste Bierger vu senger Aarbecht dezent liewen? Jo oder neen? Dat ass dach d'Fro. An duerfir ass déi sozial Dimensioun immens, immens wichtig.

Wat och muss ennerbleiwen, dat ass, d'Steieren als Lenkungsinstrument ze gesinn. E Behuelen, wat enger gewësser Ideologie net gefält, gëtt bestrooft. An e Behuelen, wat gefält, gëtt gefërdert. Dat wëlle mir net. De Staat ass net do, fir dem Bierger virzeschreiwen oder ze weisen, wéi en ze liewen huet, an dat dann och nach duerch Steieren ze ennersträchen. Dat ass net d'Roll vum Staat, net an eiser Opfaassung.

**Une voix** | Très bien!

**M. Roy Reding (ADR)** | Eng fundamental Betruechtung – a se ass ugeklonge bei anere Riedner an ech begrëssen dat ausdrécklech –: D'Aarbecht, d'Leeschung, gëtt hei am Land vill ze héich besteiert. Dat gëllt fir all Aarbecht: déi lounofhängeg wéi de Benefiss vu Fräiberuffler oder aner professionell Akommessen.

Bei den Independanten ass et besonnesch dramatesch. Déi extreem héich Besteuerung vun hire Revenuen dréit dem Fakt, datt si unterneemereche Risiko aginn, absolut keng Rechnung: net dem Kapital, wat se investéieren, net der Roll, déi se an der Gesellschaft spillen, net den Aarbechtsplazen, déi se schaffen, net de Stonnen, déi se schaffen.

D'Fro muss also gestallt ginn, ob et gerecht ass, datt Einkunftsarten d'selwecht besteiert ginn, ob se dann elo aus lounofhängeger oder selbstänneger Aarbecht sinn. An do war net méi spët wéi d'lescht Woch eng ganz flott Carte blanche vum Gaston Ternes op RTL. An ech invitéieren Iech, déi nozeliesen. Ech wëll se elo net ganz zitieren, mee e kënnt zum Schluss, datt e Fräiberuffler, deen haut 3.750 Euro verdéngt, um Enn vum Mount fir ze liewen nach 220 Euro Rescht huet. An e mécht eng Proposition an ech fannen déi gutt: Déi sozial Cotisatiounen an d'Steiere gi während den zéng éischte Schaffjoren nëmmen op 50 % vun dësem Bruttoakommess opgehewen. Dat wier eppes!

An dës Regierung ass ugetrueden – schonn 2013, wann ech mech gutt erënneren – an huet gesot: „Mir wëllen de Statut vum Independant, vum Selbstännegen, verbessern.“ Ma hei wier eng konkreet Saach, wou een ouni grouss Gedeessens dat effektiv kéint maachen.

Insgesamt gëtt keng aner Zort vu Revenuen esou staark besteiert wéi déi vum Loun an déi aus selbstänneger Aarbecht. D'Beispill ass hei genannt ginn: Eng Plus-value immobilière no zwee Joer gëtt nëmme mat 21 % besteiert. Firwat? Firwat gëtt de Bierger manner besteiert op e Veräusserungsgewënn, deen em méi oder wéineger an de Schouss gefall ass, wéi op d'Frichte vu senger haarder Aarbecht? Wann den Immeubel, dee mat Plus-value verkaaft gëtt – dat huet hei nach kee Mënsch ugedeit –, als Domicile gegollt huet, da bezilt ee guer keng Steieren derfir. Dat ass flott. Ëm Gottes Wëllen, ech vergonnen all deene Leit, déi en Domicile verkafen, datt se dat kënne steierfräi maachen. Mee ass et normal, datt ech op meng Aarbecht am héichste Saz ... An deen ass net 42 %, deen ass net 42 %, deen ass hei am Land am Moment 46,38 % mat allem Ëmgeréits. Ass et normal, datt ech



op meng Aarbecht muss bal d'Hallschent bezuelen an op e Veräusserungsgewënn, och wann et mäin Domicile conjugal war, kee Su? Ech mengen net.

**M. Michel Wolter** (CSV) | Do sinn ech net mat Iech d'accord.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo, duerfir hu mer jo eng Debatt, datt déi eng eppes soen an déi aner kënnen domat d'accord oder net d'accord sinn, Här Wolter.

Komme mer zu eise Grondfuerderungen, wéi se vun eiser Journée parlementaire respektiv eisem Kongress festgeluecht gi sinn. Fir d'alleréischt si mir fir déi absolutt inconditionell Steuerbefreiung vum Mindestloun, souwuel vum net qualifizéierte wéi vum qualifizierten. Et ass e Mindestloun an op dee soll een net musse Steiere bezuelen.

Den Här Roth huet dankenswäerterweis haut de Moie proposéiert, datt den Einstiegssatz soll bei 15.000 Euro ufänken. A mir ginn e Schrëtt méi wäit. Mir fuerderen, datt de Mindestloun integral vun der Akommessteuer befreit gëtt, an dëst ouni Inzidenz op d'Steierkreditte. An an dësem Sënn erlaben ech mer eng Motioun ze deposéieren, wéi d'lescht Woch schonn ugekënnegt.

### Motion 2

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*ass der Meenung, datt*

*– d'Héicht vum Mindestloun fir vill Diskussiounen suergt an datt net méi universell unerkannt ass, datt dee sozioekonomeschen Zweck vum Mindestloun besonnesch an deem aktuellen ugespaante makroekonomesche Kontext nach kann op eng zefriedstellend Manéier erreicht ginn;*

*– fir déi Leit, déi de Mindestloun kréien, dësen, esou wäit wéi nëmme méiglech, soll en Nettoloun duerstellen,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– der Chamber ee Projet de loi virzeleeën, deen de Mindestloun integral vun der Akommessteuer befreit, an dëst ouni final Inzidenz op d'Steierkreditte.*

*(s.) Roy Reding.*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci.

**M. Roy Reding** (ADR) | Da komme mer zur Netindexierung vum Steuerbarème. Ma dat ass ganz einfach: C'est du vol, c'est du vol! Et kann dach net sinn, datt d'Steiertabell net indexéiert ass, wann d'Léin indexéiert sinn. Dat ka jo net sinn. Eng soforteg Erëm-Neiindexierung, souguer wa mer déi elo net réckwierkend maachen ... Ech verstinn, mir sinn an enger schwieriger finanzieller Situatioun, mee da kommt awer elo, vun elo u soe mer, kommt mir halen op mat där Anormalitéit a mir indexéieren elo nees déi Steiertabell, datt mer déi kal Progressioun ganz einfach eliminéieren!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Roy Reding** (ADR) | Ganz wichteg si fir eis als ADR, dat wësst Der, d'Familljen an d'Kanner an datt deene méi Rechnung gedroe gëtt. Mir sinn net nëmme géint eng Individualiséierung vun der Besteuerung bei enger Koppel, mee am Contraire, mir sinn der Meenung, datt nees Ennerklassen, déi der Zuel vun de Kanner Rechnung droen an de Steuerbarème sollen opgehoi ginn. Dat selwecht och fir Elengerzéiender. Och déi Leit sollen an d'Steierklass 2 kommen an hei progressiv manner Steiere bezuele jee no Kannerzuel 2.1, 2.2, 2.3, 2.4, wéi et an där gudder aler Zäit emol eng Kéier war.

Et ass gewosst, datt de Risiko an d'Aarmut ze falen, bei deenen Elengerzéiende besonnesch héich ass. Mir wëssen dat alleguer. An et ass en entscheidende Facteur, och fir d'Zukunft vun deene Kanner, déi do opwuessen. Duerfir fanne mer, datt dee Reklassement an

d'Steierklass 2 mat deenen Ennerklassen dat wichtegst ass, wat dës Regierung kéint maachen, wa se wëllt sozial handelen.

Komme mer bei eis Wittleit. Och bei hinne si mir der Meenung, datt se sollen an hirer Klass bleiwen. Aus all deenen Ursaachen, déi mer heibanne schonn debattéiert hunn an och, wéi déi Petitionären hei waren a wéi mer mat hinnen diskutéiert hunn. Deng Liewenshaltungskäschte ginn net hallef esou héich, well d'Partner gestuerwen ass. Du wunns an engem entsprechenden Haus, hues entsprechend Ausgaben. Déi Leit sollen an der Klass 2 bleiwe bis zu hirem Doud, bis dass der Tod uns scheidet.

Well mir géint all Steuererhéijunge sinn, kënnen mer, Här Roth, net mat Ärem Vorschlag averstane sinn, méi eng héich Akommenssteuer ze froe bei Leit, déi iwwer, Dir hutt gesot 500.000, anerer hu gesot 300.000 d'Joer verdéngen. Et ass falsch. An den Här Bauler huet et richteg gesot: Mir mussen héichqualifizéiert Leit hei kënnen unzéien. Bankmanageren, Investmentfondmanageren, Informatiker, ganz gutt Informatiker, déi zu London oder zu Dublin oder zu Singapur bei wäitem net déi Steiere musse bezuelen, déi se haut mussen hei bezuelen. Wa mer déi och nach erhéijen, da maache mer eiser Finanzplatz et ganz einfach onméiglech.

An déi 45 %, déi Der gefuerdert hutt, dat kéim jo da mam Émgeréits op 49,65 %, ganz schimmeg just ënner 50 %. Dat ass an eisen Aen einfach Populismus am Stil: „Komm, mir loosse déi Déck bezuelen!“ An ech denken, datt dat och Iech onwürdeg ass an Ärer grousser Maîtrise vun dëse Froen, well Dir wësst, datt dat dem Land guer näischt géif bréngen. D'Steiereinname géife warscheinlech guer net eropgoen, well mer warscheinlech géife méi Leit verléieren, déi an aner Länner géife plënnere, wéi déi puer, déi dann awer géifen hei bleiwen a bezuelen. Et wier eng Nullnummer. Et ass finanziell a mengen Aen eng absolutt Nullnummer.

Da komme mer nach eng Kéier zur Ierfschaftssteuer. Do huet de Rapporteur Roth e ganz kleng Feeler gemaach. Mir hunn och haut schonn Ierfschaftssteuer an direkter Linn, nämlech dann, wann en Ierwe méi kritt wéi dat, wat en nom rengen Gesetz zegutt hätt, wann also d'Quotité disponible un eent vun de Kanner geet, da muss dat Kand dorobber Ierfschaftssteuer bezuelen, wéineg, mee et muss.

Mir als ADR, well mir jo eng Familljepartei sinn ... Dir sot ëmmer: „Mir sinn eng Vollekspartei“, d'CSV. Ma mir sinn eng Familljepartei a mir plädéieren fir déi komplett a vollstänneg Ofschafung vun der Ierfschaftssteuer bis an de véierte Grad.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Roy Reding** (ADR) | Well déi Leit hu geschafft fir hir Suen, déi Leit hu Steiere bezuelt op deene Suen. Dat ass versteiert Geld an dat soll an der Famill net nëmme an direkter Ascendance oder Descendance, mee bis an de véierte Grad steierfräi kënnen verierft ginn.

**Une voix** | Dräi plus eent ...

**M. Roy Reding** (ADR) | D'selwecht si mer dann och wéi Dir fir déi direkt Augmentatioun an dann och d'Indexierung vun der Kilometerpauschal, d'Upassung vun den Abatementen op Zënsen, Assurancen et cetera. Här Roth, Dir hutt dat ganz gutt duergeluecht. Mat all deem si mir als ADR d'accord.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

Topeg ass déi Fuerderung hei vun der Ofschafung vum Abatement fiscal op Mietwunnechten. Weeder d'Senkung nach d'Ofschafung bréngen eppes. Et ass

kee spekulativen Investment. Et ass ganz einfach en Investment a Mietwunnechten.

A mir gesi jo haut konkret, wouzou d'Mesurë vun der Regierung gefouert hunn, datt se den Taux erofgesat hunn an d'Dauer erofgesat hunn. Ma et gi manner Mietwunnechte kaaft! Wow, super geschafft an enger Wunnengskris! Et komme manner Wunnechten op de Maart an da feiert Dir dat als Succès an Dir wëllt dat nach weider drécken! Ma haalt dach op! Wa mer wëlle Mietwunnechten hunn, da musse Mietwunnechte gebaut ginn a wa Mietwunnechte gebaut ginn, musse Leit doran investéieren. A wa Leit sollen doran investéieren, dann ass et e gudden an e richtige fiskalen Incentive, dorobber en Abatement fiscal ze maachen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Roy Reding** (ADR) | Iwwert d'Héicht an d'Längt an esou weider kann ee jo diskutéieren. Aner Länner maachen et op 20 Joer mat 3 %: nëmme 3 % d'Joer, mee duerfir awer 20 Joer laang, wat d'Leit jo och géif incitéieren, méi laang hir Wunnechten ze halen. Dorüwer kann een diskutéieren. Mee fundamental ass de fiskalen Incentive, fir a Mietwunnechten ze investéieren, richtig an en ofzeschaffen ass eng komplett Feelentscheidung!

De bëllege Akt, d'TVA, iwwerall do huet de Kollege Gilles Roth richteg Saache gesot, déi mer kënnen ënnerschreiwen. Alles dat muss der reeller Situatioun, der Inflatoun, ugepasst ginn.

D'Tubakssteuer nach eng Kéier just, well ech et witzeg fannen. Et ass deen typesche Beweis, datt ee ka Steiere verléieren, wann ee Steieren erhéicht. Macht muer vill méi eng héich Tubakssteuer, da kréie mer déi 750 Milliounen net méi eran! Esou einfach ass et. Kommt, mir si gescheit a kommt, mir behalen déi Steieren, déi mer hunn, sief et op Diesel, Bensinn, Tubak, Alkohol! Dat ass dee richtige Wee.

Ech wëll elo net nach eng Kéier hei alles soen, wat ech scho gesot hunn zur Grondsteuer. Mir si géint all nei Steuer. An och déi falsch Iddi, eidel steeënde Wunnraum ... alt nach eng Kéier, stellt Iech d'Fro: Firwat steet deen eidel? A stellt Iech d'Fro: Kënnen mer net iwwer zivilrechtlech Mesurë Saache maachen, fir datt manner Wunnraum eidel steet? An dann hutt Der gescheit gehandelt. Steierdrock op déi dote Saachen ass falsch.

Ech soen Iech am Numm vun der ADR Merci fir Äert Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, et ass un Iech.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Fir d'éischt och emol merci den zwee Rapporteren, dem Här Bauler an dem Här Roth, fir hire Rapport. Jo, d'Steierfro steet am Zentrum vun der politescher Auseinandersetzung an engem Staat. Wéineg aner politesche Matièreën entscheeden esou déifgräifend iwwert d'Entwécklung an déi geliefte Realitéiten am Land.

*(Coups de cloche de la présidence)*

D'Steierfro decidéiert, wéi vill Moyenen de Staat huet, fir seng eegen Zukunft ze gestalten. D'Steieren hunn eng Lenkwirkung, ob gutt oder schlecht, an decidéieren domat iwwert d'Richtung, an déi mer zesumme ginn. An d'Steiere sollen, zumindest an eisen Aen, fir e sozialen Ausgleich surgen.

Ech wëll fir d'éischt zwou ganz allgemeng Aussoe maachen, déi mir wichteg erschéngen. Dat éischt

betrifft d'Komplexitéit am Steiersystem. Et ass scho kloer, dass een eng staark Differenzierung am Steiersystem brauch, fir den ënnerschiddleche Situatoune gerecht ze ginn. Dat stelle mir natierlech net a Fro. Mee wa just nach déi Leit kënnen d'Méiglechkeeten an d'Nuance vun der Gesetzgebung nutzen, déi sech e Steuerberoder kënne leeschten, dann ass dat problematesch fir eis. Ech mengen, do misst ee sech emol eeschthafte Gedanken maachen an no Léisungssätz sichen. D'Digitaliséierung bitt jo dann och ganz vill Méiglechkeeten.

Den zweete Punkt, deem ech wëll maachen, betrëfft d'Accessibilitéit vun Donnéeën an Zuelematerial. Ganz allgemeng ass et fir déi politesch Parteien an aner Acteure ganz oft schwéier, voire onméiglech, hir politesch Iddien an dësem Beräich ze quantifizéieren, zum Beispill wat eng bestëmmte Steiermesur geif kaschten oder wat se geif erabréngen.

D'Administratioun huet an der Preparatioun zu dësem Dossier alles gemaach, wat méiglech ass, fir eis Zuelematerial ze liwweren. An ech soen all de Bedeelegten och nach eemol Merci. An et läit och an der Natur vun der Saach, dass den Impakt vu Steiermesuren ni prezis ze chiffriéieren ass. Mee trotzdem denke mir, dass et misst méiglech sinn, vill méi Datematerial statistesch ze erfassen an natierlech anonymiséiert effentlech zougänglech ze maachen. Dat wär eiser Meenung no immens wichteg, fir e faktesbaséierten effentlechen Debat ze erméiglechen.

Här President, fir déi Lénk sinn déi zentral Theemen engersäits d'Erhaltung vun der natierlecher Liewensgrundlag vum Mënsch an anerersäits déi sozial Ongläichheeten, déi zu Lëtzebuerg jo immens wuessen, a spezifesch d'Problematik vum Logement. Ech wëll dofir a menger Interventioun virun allem op dës Theemen agoen.

Mir hu scho säit e puer Joerzénge eng Explosioun vun de sozialen Ongläichheeten hei am Land, déi sech ëmmer méi beschleunegt. An net just hei am Land, mee e bëssen iwwerall an der Welt, do wou eng virun allem neoliberal Politik bedriwwen gëtt. Et ass letztendlich eng Fro vun der politescher Astellung, ob ee bereet ass, deem einfach nozekucken, oder ob een deem wëllt entgéintwierken. Fir eis als Lénk ass et op jidde Fall evident, dass een deenen Inegalitéite muss konsequent entgéintwierken, an dat mécht een am einfachsten an am wierksamsten iwwer de Steiersystem.

D'Analys, déi mir vum Steuerbarème maachen, ass largement gedeelt am progressiven Lager hei zu Lëtzebuerg. D'Progressivitéit bei den ënneschten a mëttleren Einkommensschichten ass vill ze héich, während se no uewen hin ze vill schnell ofhëlt, mat engem Spëttesteiersatz, deem ze niddreg ass.

Wann een d'Inegalitéiten an der Gesellschaft wëllt wierksam bekämpfen, da mussen mer de Barème komplett nei opstellen. Mir müssen eiser Meenung no de Spëttesteiersatz erhéijen, mat neien Tranchen uewen aus, op d'mannst bis op 48 % oder 50 %.

Am Géigenzuch muss d'Progressivitéit bei de klengen a mëttleren Einkommen ofgeflaacht ginn. Ausserdem muss de Barème endlech un d'Inflation, wéi et och schon haut gesot gouf, ugepasst ginn, well dat jo am Moment stänneg zu verstoppte Steiererhéijunge féiert. Mir sinn doriwwer eraus och derfir, dass eng eenzeg Steuerklasse agefouert gëtt. Et ass fir eis net akzeptabel, dass den Etat civil eng direkt Auswirkung drop huet, wéi vill Steieren ee bezitt. Wat allerdéngs méi berücksichtegt muss ginn, ass déi sougenannte Capacité contributive.

Eng elengerzéiend Mamm oder en elengerzéiende Papp mat zwee Kanner huet net déi selwecht

Capacitéit, zum Staatsbudget bäizedroen, wéi e Jongesell ouni Kanner, dee just fir sech selwer muss opkommen. Dat selwecht gëllt fir eng Persoun, wou de Partner keen eegene Revenu huet, zum Beispill wou een doheem bleift, fir sech ëm d'Kanner ze këmmern.

Wa mer also op de Wee gi vun engem eenzege Steuerbarème – a mir mengen, dat soll een –, da muss een d'Kompositioun vum Stot berücksichtegen, dat heescht, wéi vill Persounen à charge si vum Contribuabel. Dat kann ee maachen, andeems een e Koeffizient aféiert, deem de Steiertaux deementspreechend senkt, jee méi Persounen finanziell vum Contribuabel ofhänken. Dat wär dann e Paradigmewissel fir Lëtzebuerg, mee mir denken, dass esou e System geif fir méi Gerechtegkeet suergen.

Och déi sëlleg Abatementer mussen mol endlech op de Leescht geholl gi fir ze kucken, ob se eppes notzen a virun allem, wat se kaschten, oder ob se iwwerhaapt notzen.

Mir sinn och ganz kloer derfir, dass d'Räichesteier fir Privatpersounen nees agefouert gëtt, déi jo 2006 ofgeschafft gouf. Eise Virstellungen no wärend den Hauptwunnsätz a Spuerguthabe bis 200.000 Euro ausgeklammert, mee doriwwer eraus geif d'Fortune mat engem progressiven Taux tëscht 0,5 % an 2 % besteiert ginn, jee nodeems wéi vill Räichtum eng Persoun besëtzt. Esou kënne mer wichteg Ausgabe vum Staat finanzéieren a verhéieren, dass de Gruuf an der Gesellschaft ëmmer méi grouss respektiv nach méi grouss gëtt.

Jo, dofir muss d'Steierverwaltung Zougang kréien op d'Bankdonnéeën. A mir fuerdere scho laang d'Ofschafte vum Bankgeheimnis fir Residenten, dat jo virun allem deene fortunéierte Kreesser hei am Land eppes notzt. Dat heescht jo net, dass op eemol jiddwerengem säi Kontostand am Internet steet, wéi dat heiandsdo esou uklängt, mee einfach dass d'Steierverwaltung kann déi besteeënd Gesetzgebung applizéieren. Deslescht huet den Här Rommes och effentlech gesot, dass déi meeschten Acteure vun der Finanzplatz dat am léifste wëllte souguer ofschafen. Da froe mir eis, wien da finalement nach soll domadder geschützt ginn.

Här President, déi enorm Inegalitéite sinn awer net just duerch en ongerechte Steuerbarème entstanden. Spéitstens säit den Aarbechte vum Piketty ass gewosst, dass déi ganz schwach Besteuerung vu Kapitalrevenue ee vun den Hauptgrënn hannert där Dynamik ass.

Wie vill Suen huet, dee ka massiv a Finanzpabeieren investéieren. An déi Revenuen, déi op de Finanzmæert erziilt ginn, déi gi just ganz schwach besteiert. D'Dividende sinn hei zu Lëtzebuerg zu 50 % exoneréiert an d'Plus-walen op de Finanzprodukte ginn an de meeschte Fäll guer net besteiert. Derbäi kommen all méiglech Techniken zur Steieroptiméierung, zu deenen ee just Accès huet, wann een dat néidegt Geld huet. Op där anerer Säit gëtt eng Persoun, déi vun hirer Aarbechtskraaft leeft, op all verdéngten Euro besteiert.

Dës Situatioun mécht, dass d'Schéier tëscht Aarm a Räich weiderhin auserneeget an dass déi enorm Diskrepanzen am Patrimoine och net ofgebaut ginn, mee sech accumuléieren a perpetuéieren. Dat, mengen ech, weess och zimmlech jiddwereen heibannen, mee et schéngt awer net wierklech ee wëlle konsequent drun ze goen.

Mir sinn dofir fundamental der Meenung, dass Revenuen aus Aarbecht a Revenuen aus Kapital sollen d'selwecht besteiert ginn, nämlech nom Barème. Dat heescht an éischter Linn, dass d'Exoneratioun bei den

Dividende muss ewechfalen an dass d'Plus-walen op Finanzprodukte sollen nom Taux global besteiert ginn.

Donieft mussen méi Ustrengungen ënnerholl ginn, fir d'Méiglechkeeten zur Steiervermeidung ze ënnerbannen, souwuel déi legal wéi déi illegal. Dat ass fir eis e ganz weesentleche Punkt, net nëmme national, mee och international. Et kann net sinn, dass den effektiven Taux bei enger riseger Multinationale méi niddreg ass wéi den Taux vum Coiffer ëm den Eck. An trotzdem ass et genee dat, wat geschitt.

Donieft kéint eiser Meenung no och d'Fongenindustrie méi zur Finanzéierung vun de staatlechen Ausgabe bäidroen. D'Taxe d'abonnement läit jo aktuell just tëscht 0,05 % an 0,01 % vun den Avoiren. Mir mengen, dass do Sputt no uewe wär, och ouni en Exodus ze riskéieren.

Här President, wann ee vu sozialen Inegalitéite schwätzt, ass een hei am Land ganz schnell och bei der Logementskris. Fir et gläich virewech ze soen: D'Steierpolitik eleng kann de Logementsproblem natierlech net léisen. Mee ouni Ännerungen am Steiersystem ass och all anere politesche Léisungssatz vu viran onwierksam. Mir brauchen grondleeënd Ännerungen an der Wunningspolitik, an déi kënnen nëmme funktionéieren, wa mer och d'Taxatioun an deem Beräich grondleeënd veränneren. Anescht ass den néidege Paradigmewissel net ze packen.

Well wat ass d'Situatioun? Konzipéiert am Ufank vun den 2000er-Joren, sinn déi aktuell Steiermesuren am Logementsberäich elo scho säit 10 bis 15 Joer komplett kontraproduktiv. Eise Steiersystem begënschtet d'Spekulatioun an d'Präishaussen um Wunningsmaart. A soulaang dat esou ass, ginn all déi aner Léisungssätz konterkarréiert. Dat ass e Constat, mat deem mir mëttlerweil net méi eleng do stinn, mee iwwer dee quasi Konsens besteet. Awer och do geet kee wierklech drun!

Mir hunn eng Demande, déi vill méi grouss ass wéi d'Offer, an dofir klammen d'Präisser kontinuierlech. Mee déi Demande kënnt net just eleng vun deene Leit, déi en Haus oder en Appartement sichen, fir dran ze wunnen. E groussen Deel vun der Demande entsteet reng aus Investitiouns- a Spekulationsgrënn. Dat ass dat, wat d'CSL d'Surdeemande nennt. An déi, déi Immobilie kafen, fir ze investéieren oder fir se no enger Zäit mat Gewinn ze verkafen, déi driewen d'Präisser natierlech ferm an d'Luucht, well se d'Moyenen hunn.

Derbäi kënnt, dass bei all Besëtzerwissel vun enger Wunneng oder vun engem Haus de Präis e gutt Stéck an d'Luucht geet, éischstens, well de Verkeefer muss verschidde Käschten erëm erakréien a well en och nach e Gewinn wëllt maachen, an zweetens, well an deene meeschten Fäll och nach Agencen am Spill sinn, déi 3 % froen.

Dat bréngt eis zu enger ganz einfacher Equation: Wat et méi oft zu engem Besëtzerwissel kënnt, dat heescht, wat d'Frequenz vun de Verkeef méi grouss ass, wat d'Präisspiral méi beschleunegt gëtt. Mir müssen also kucken, fir dat ze ënnerbannen, an net, esou wéi dat bis elo gehandhaabt gouf, dass d'Frequenz och nach mat der Steierpolitik zousätzlech ugedriwwen gëtt, wéi zum Beispill mat dëser onsënneger Mesur vum Quart-taux.

An doranner läit eiser Meenung no de Paradigmewissel, deem an der Logementspolitik ze maachen ass. Mir hunn et schonn dacks gesot: D'Immobilie müssen als rengt Investitiouns- a Spekulationsobjekt onattraktiv gemaach ginn, soudatt mer déi Surdeemande um Marché gesenkt kréien.



Dofir proposiere mir an deem Beräich, änlech wéi d'CSL, eng grondleend Reform vun der Grondsteuer, déi progressiv an d'Luucht geet, wat ee méi Objete besetzt. Bei dem Haaptwunsätz géif d'Grondsteuer niddreg bleiwen, mee bei all aneren Objeten, sief et Haiser, Wunnengen oder Bauterrainen, géif den Taux vun der Grondsteuer progressiv an d'Luucht goen. Do uewendrobber géife mer nach eng zousätzlech Spekulationstax erhiewen, wann déi Objete muttwëlles eidel stoen oder broochleie gelooss ginn, fir der Spekulation entgéintzewierken.

Donieft menge mer och, datt d'Plus-valuë bei Immobilie musse mam vollen Taux besteuert ginn, egal wéi laang ee se hält, an datt den Amortissement accéléré muss komplett ofgeschaaft ginn.

Jo, och dat wär e radikale Paradigmewissel. Mee an där Situatioun, wou mer eis haut am Logement befannen, geet et mat Gepléischters net méi duer. D'Kar stécht déif am Dreck an erfuerdert eiser Meenung no radikal Moossnamen. A wat mer méi laang waarden, wat d'Kar méi déif an den Dreck geréit a mer méi radikal Mesurë wäerte brauchen.

Här President, zum Schluss ginn ech dann nach op de Beräich vun der Ëmwelt- a Klimapolitik an an op déi ganz kriddeleg Fro vun den Ëmweltsteieren.

Vu ville Säite gouf schonn d'Analys gemaach, datt d'Ëmweltsteieren zu Lëtzebuerg am Verglach mam Ausland immens niddreg sinn. Et gétt kritiséiert, datt domadder en Ureiz fir den Ëmweltschutz a fir e verantwortungsvollen Ëmgang mat den natierleche Ressourcë feelt. Deem zugronn läit de Wonsch, natierlech mat Steieren de Konsum an d'Verhale vun de Leit ze steieren.

Fir d'éischt muss een emol eng ganz einfach Feststellung maachen: All d'Etüden zu deem Sujet weisen, datt den Impakt vun enger Persoun op d'Klima an op d'Ëmwelt exponentiell mat hierem Revenu klëmmt. Déi Räich an déi Ultraräich hunn notament an CO<sub>2</sub>-Ausstouss, deen ëm e Villfaches méi héich ass wéi déi Leit mat niddregem Revenu, an – dat ass ganz wichteg – se hunn och vill méi eng grouss Kapazitéit, zur Léisung vum Problem bäizedroen.

Do si mer dann erëm bei der Verméigenssteuer a beim héije Spëtzeestersaz. Fir eis ass et dofir kloer, datt déi gréissten Efforten am Klimaschutz musse vun deene geleescht ginn, déi am meeschten zum Problem bäidroen an déi effektiv och d'Méiglechkeet hunn, hire Foussofdruck massiv ze reduzéieren.

Et ass de Prinzipp vun der „responsabilité commune mais différenciée“, dee jo spëtstens säit Rio 1992 och an den internationalen Traitéë verankert ass. An eisen Ae muss deen net nëmmen an den tëschestaatleche Bezéiunge gëllen, mee och um individuellen Niveau. Ëmweltsteieren, déi virun allem déi ënnescht Akommesklassen treffen, sinn also net nëmme fundamental ongerecht, si sinn och ineffikass a ganz dacks kontraproduktiv.

Mir als Lénk hunn dofir eng ganz differenzéiert Siicht op déi sougenannten Ëmweltsteieren. Engersäits sinn de Schutz vun der Ëmwelt, de Kampf géint de Klimawandel an d'Erhale vun den natierleche Ressourcen natierlech e Grondpiller vun eiser Politik. Op där anerer Säit gesi mir awer ganz kloer, datt déi Ëmweltsteieren, esou wéi se aktuell konzipéiert ginn, méi Schued kënnen maache wéi Guddes. Virun allem si se net am Aklang mam Kampf géint déi sozial Ongläichheeten, an dat ass, wéi Der wësst, eis ganz wichteg.

Well déi meeschten Ëmweltsteieren, esou wéi se vun dëser Regierung agefouert goufen, treffe virun allem déi sozial Schwaach an entfalten iwwerhaapt

keng Lenkwirkung. D'Regierung huet dann zum Beispill och eng CO<sub>2</sub>-Steier agefouert um Bensinn, fir de Konsum ze senken. Mee wann Deeler vun der Bevëlkerung awer guer keng Alternativ hunn, fir där CO<sub>2</sub>-Steier aus dem Wee ze goen, well se sech keen Elektroauto zum Beispill kënnen uschaffen an net op den ëffentlechen Transport kënnen ëmklammen, dann ass dat fir eis virun allem eng Strofsteier.

Op där anerer Säit gräift se och net bei deene fortunéierte Bevëlkerungsdeeler, déi jo noweislech am meeschten Emissiounen produzéieren, well deenen d'CO<sub>2</sub>-Steier häerzlech egal ass.

Fir datt esou Steieren awer eng Lenkwirkung hunn, mussen Alternativen zu engem ëmweltschiedleche Verhalen zougänglech sinn. Zum Beispill wann een, wéi dat jo och a ville Gemengen hei am Land de Fall ass, manner fir d'Poubelle bezilt, jee méi een triéiert, oder wann een déi besonnesch ëmweltschiedlech SUVe staark besteiert, well et eebe manner ëmweltschiedlech Autoe gétt.

Virun allem awer mussen Ëmweltsteieren an eisen Ae sozial gestaffelt sinn. An ee Wee, fir dat ze maachen, ass e Grondbedarf u wichtige Produkter a Servicer festzeleeën an deen aus der Besteuerung auszeklammieren.

Mir hunn dat scho viru Jore virgezeechent mam gestaffelte Waasserpräis, Dir erënnert Iech vläicht all. D'Privatpersoun huet e Grondbedarf u Waasser zegutt, zu engem ganz niddrege Präis, a wat de Verbrauch méi an d'Luucht geet a wat ee méi Waasser verbëtzt, wat de Präis progressiv an d'Luucht geet. Dëse Prinzipp kann een theoretesch op aner Produiten ëmsetzen, zum Beispill beim Energieverbrauch oder och, firwat net, bei Fligerticketen oder anere Servicer.

Mir als Lénk mengen also, datt Ëmweltsteieren net per se schlecht sinn, mee datt se musse ganz intelligent konzipéiert an ëmgasat ginn. All Mesure an deem Beräich muss vu vireran iwwerpréift ginn op hire sozialen Impakt an hir potenziell Lenkwirkung. A wann dobäi erauskënnt, datt eng Mesure virun allem géif déi sozial Schwaach treffen oder just eng limitéiert Lenkwirkung entfaalt, da muss een et onbedéngt si loossen.

Méi generell awer privilegiéiere mir eng aner Pist, fir de Kampf géint de Klimawandel méi effikass ze maachen, nämlech mat massiver staatlecher Investitiounen an d'Dekarboniséierung vun eiser Gesellschaft. Dat kascht vill Suen, mee ech mengen, datt ech a menger Interventioun genuch Pisten opgezeechent hunn, wou een déi Sue ka siche goen.

Här President, 40 Joer Neoliberalismus hunn eis an déi Krise gefouert, an deene mer elo sinn. D'Steieren op den héije Revenuen an am Räichtum sinn ëmmer méi erofgesat ginn. Dat huet derzou gefouert, datt ëmmer méi Leit op der Streck bliwwen sinn an datt d'Staaten hirer Verantwortung net méi gerecht kënnen ginn, während op där anerer Säit eng kleng Minoritéit sech am obszöne Räichtum an Ultraräichtum wenzelt.

Et gétt Zäit, elo ëmzedenken an eise Steiersystem ze moderniséieren, fir den Erausforderungen am 21. Joerhonnert gerecht ze ginn. An dësem Beräich huet d'Regierung all Handlungsméiglechkeeten. Et gétt keng Excuse! Mir mussen aus deenen alen Denkscheeme vum 20. Joerhonnert erausbriechen an ophalen, Steierreformen ëmmer just als elektorale Gadget ze gesinn, mee als wichteg strukturellt Instrument, fir eis gemeinsam Zukunft ze gestalten.

Verschidden Acteure verstoppe sech elo hannert de Krisen, der Covidkris, dem Krich ...

*(Interruption par la présidence)*

Ech si geschwënn, Här President. Ech mengen, déi aner hunn och zum Deel iwwerzunn.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, ech wëll Iech just drop opmierksam maachen, dass Är Zäit elo scho bal annerhalfe Minutt ofgelaf ass. A kommt elo zur Konklosioun.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, et war eng Minutt, wou Der ... Jo, ech sinn elo bei menger Konklosioun ukomm. Ech hunn nach dräi Sätz. Villmools merci.

Op den éischte Bléck mag de Fait, datt d'Steierreform elo net kënnt, sou munch engem aliichten. Mee datt ass just eng faul Excuse, well natierlech kann een och eng Steierreform maachen, déi akommesneutral ass oder souguer dem Staat géif méi abréngen. An et kann een de Spiiss och ëmdréinen a soen: „Grad well mer a Krise sinn a well mer an onsécheren Zäite sinn, musse mer eis besser opstellen!“ An och dat ass eng politesch Entscheedung.

Déi ongläich Behandlung virun der Steier, déi, déi elo schonn ze vill bezuelen, wéi d'Monoparentallen, oder déi, déi ze mann bezuelen, wéi Ultraräicher, dat gétt weidergefouert. Och dat ass e Choix. Eng aner Gesellschaft awer ass méiglech. Eng aner Welt ass méiglech. Mir musse just de Courage hunn, et unzegoen!

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dir kritt nach eng Verlängerung. Den Här Knaff wëllt Iech eng Fro stellen.

**M. Pim Knaff** (DP) | Madamm Oberweis, ech géif Iech wëlle gären eng Fro stellen. Dir hutt Ären Discours ugefaangen, andeem Der gesot hutt, d'Schéier tëscht Aarm a Räich wär méi grouss ginn, surtout an deene Länner, déi eng neoliberal Politik géife maachen.

Ech wollt Iech froen, ob Der eis kéint e puer där Länner opzielen. An ech wollt Iech och froen, ob Der kéint eng Rei Länner opzielen, déi keng neoliberal Politik maachen. An da finalement: Wat ass eng neoliberal Politik?

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Also zu de Länner, ech mengen do ginn et relativ vill Etüden, wéi zum Beispill: Dir kënnt och elo Schwelälänner kucken, awer och Entwécklungsänner, déi eng neoliberal Politik uwennen. Ech denken elo u Brasilien, ech denken och un Nigeria. Natierlech d'Veereegte Staate vun Amerika sinn e gutt Beispill. Mee och vill westlech europäesch Länner sinn e Beispill, wou d'Schéier ... Ech mengen, dat muss ech Iech net soen. Ech mengen, dat wësse mer all heibannen, dass d'Schéier tëscht Räich an Aarm an deene leschte Joren hei ...

Ben, ech kann och elo Zuelen nosiche goen, wann Der dat gären hätt. Ech mengen, där hu mer genuch. Ech hunn déi elo net op mengem Pabeier stoen, well dat net d'Uleies war. Ech kann déi awer gären herno mat Iech besprechen. Mee do ginn et wierklech genuch Zuelen dozou. An et wonnert mech eigentlech, dass ech Iech dat elo muss soen.

**M. Pim Knaff** (DP) | Wéi ass et mat Lëtzebuerg?

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Gelift?

**M. Pim Knaff** (DP) | Neoliberal oder net neoliberal?

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Ech denke schonn, dass mer eng neoliberal Politik applizéieren, jo.

**Une voix** | An d'Schéier geet och auserneen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci gesot.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mikro umaachen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | A, merci.

Merci gesot. An de Sven Clement huet d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wëll ufänken als Éischt mat engem grouse Merci un de Gilles Roth an un den André Bauler fir net nëmme Fläissaarbecht, well et war vill méi wéi nëmme eng Fläissaarbecht. Et war eng approfondéiert Aarbecht an der Kommission mat de Verwaltungen zesummen, fir dësen Debat ze preparéieren. An ech mengen, datt et seelen esou vill Zuelematerial gouf, wat mer gewälzt hunn, fir eng Orientéierungsdebat ze preparéieren.

Ech wäert Iech net langweilen, andeem ech iwwerall ëmmer erëm d'Zuele widderhuelen, déi am Rapport genannt goufen. Ech mengen, datt jiddweree vun eis se liese konnt. Ech wäert mech dofir deelweis och op politesch Messagë beschränken, mee déi eng oder aner Zuel kann ech Iech leider net erspueren.

Et ass e wichtege Debat, datt ass ausser Fro. An dat huet ee jo och un de Virriednerinnen a Virriedner gemierkt. An allkéiers, wann erëm ee geschwat huet, hunn ech erëm en Deel vu menger Ried missen upassen, well ech awer ferm erstaunt war vu verschiddeenen Interventiounen. Déi eng, déi aus dem Regierungslager komm sinn an déi éischter geklongen hunn, wéi wa se um Kongress vun der Sozialistischer Internationaler gefouert gi wären, respektiv anerer, déi aus der Oppositoun kommen an déi mech awer och do e bëssen erstaunt hunn. Ech schwätzen emol net vun der CSV.

*(Interruption par M. Yves Cruchten et hilarité)*

Nee, keng Angscht, Här Cruchten. Ech hunn dat och net bewäert. Ech hu just gesot: „Et huet mech erstaunt.“ Dat ass dann herno ... Ob Dir dat positiv fannt oder net, wann Der mech erstaunt, dat ass Iech iwwerlooss.

Ech mengen, datt et awer virun allem – an dat huet een haut gemierkt, och mat deenen dissonante Stëmmen aus dem Majoritéitslager – en Ageständnis vun der Regierung ass, datt se net kapabel war, fir an dëser Legislaturperiod hiert Versprieche vun enger Steuerreform ëmzesetzen.

*(Interruption)*

A Reporter.lu titelt do ganz richteg – an ech zitieren – „Steuerebatte statt Steuerreform“. Well kommt, si mer éierlech: All Parteien heibannen hate schonn d'Chance ... Also – nee! Bal all d'Parteien heibannen hate schonn d'Chance, fir hir Iddie vu Steuerreformen a Regierungsverantwortung ëmzesetzen. An all Parteien heibannen haten d'Chance, fir hir Pläng fir Steuerreformen am Walkampf 2018 ze presentéieren.

An elo sti mer hei! 2022 – d'Welt huet sech geännert a forcement natierlech och déi eng oder aner Position. Mee zumindest déi aus dem Majoritéitslager hätte jo kënnen eppes maachen.

Mee elo ginn dann deelweis schonn d'Walkämpf preparéiert, d'Walprogrammer virgedroen an net wierklech méi op e Konsens gekuckt. A wann ech Är Motioun kucken aus der Majoritéit, da gesäit ee jo, wéi wäit déi eenzel Parteien elo schonn nees auserneeieien. Et gëtt just nach vun: „Mir kucken, vläicht eventuell eppes ze maachen.“

Also wéi den 100,7 de Moie gemellt huet: Et wär e Minimalkonsens ginn. Ech hat scho „Minimalkonsensche“ geduecht bei der Majoritéit. Do hat ech geduecht: Ok, da kennt de Mëtteg weinstens eng Motioun oder eng Annonce vun eppes Konkreetem. An elo liesen ech Är

Motioun an da gesinn ech, datt do alles nëmme steet: „Mir analyséieren eventuell, mir kucken iergendwann eng Kéier.“ Bon bref, iergendwann eng Kéier, an d'nächst Joer si Walen. An da wäerten d'Wielerinnen an d'Wieler kucken, wat wierklech gemaach gouf a wat net.

Dësen Debat ass also iwwerfällég! En ass awer och nëmme gläichzäitig e Verträchten dorobber, datt mer an engem Joer hoffentlech dann eng méi courageis Regierung hunn, déi dann hir Versprieche och ëmsetze wäert.

*(Interruption)*

Här President, déi grouss Fro haut ass jo, wéi een eise Steiersystem gerecht opstelle kann. Wat ass fair? Wat solle mer besteieren a wéi vill? Ass et fair, datt an eise System e Single méi Steiere muss bezuele wéi een, dee bestuet ass? Wat ass falsch dorunner, Single ze sinn? Ass et fair, datt eng Persoun, déi hire Partner verléiert, e puer Joer drop méi héich besteiert gëtt an duerno nom Doud nach eng Kéier bestrooft gëtt? Wat ass de Sënn an Zweck dervun, eng Persoun dono an eng defavorabel Steuerklasse zréckzeversetze fir eppes, fir dat si net responsabel ass?

Ass et engem Infirmier géintiwier fair, wa räich Investisseure sech duerch zeg Méiglechkeete virun hire Steieren drécken? Wéi erklären ech dëser Persoun, datt Spezialfonge fir Milliarden Zommen nëmme 0,01 % bis 0,05 % Steiere bezuelen oder datt d'Dividenden nëmme mat 20 % besteiert ginn, während deen nämmelech Montant als Salaire progressiv besteiert gëtt?

Et ass feststellen: Eisen aktuelle System ass fir eng grouss Partie vun de Mënschen hei am Land leider net gerecht! Eisen aktuelle Steiersystem dréit souguer derzou bäi, datt d'Schéier tëscht Aarm a Räich ëmmer weider ausernegeet.

A fir dem Här Knaff direkt e puer Zuelen ze äntweren, hunn ech dann och Zuele matbruecht. Eisen Gini-Index, dee jo d'Ongläichheete moost, louch am Joer 2020 bei 0,32. Mir leien domadder iwwert der Moyenne an der Europäescher Unio. Als Verglach: Eist Nopeschland Belsch ass bei 0,25 – also méi gerecht.

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Et kéint ee jo soen, datt jo nach net ... Dat ass nach net esou schlecht! Mir sinn net allze wäit vun der Belsch ewech. Ma dat dierf net d'Ambitioun vu Lëtzebuerg sinn, well 2011 ware mer nach besser! Du ware mer bei 0,27. Also hu mer eis an deene leschten zéng Joer awer dach ëm e gutt Stéck verschlechtert.

An zënter, datt d'Lëtzebuergesch Wirtschaft awer richtig gewuess ass ... De reale Bruttoinlandsproduit hei am Land ass zënter 2011 ëm méi wéi e Véierel gewuess, also 25 %. Dat kennt Der alles noliess bei Eurostat, wann Der mer d'Fro wëllt stellen.

D'Statistike weisen, datt Lëtzebuerg, gesamt gekuckt op déi lescht Joren, méi räich ginn ass. Mee dee Räichtum ass ongläich verdeelt. E kennt haaptsächlech bei deenen un, déi och virdu schonn haten. An et ass leider och net esou, datt déi Leit um ënneschten Enn besser do sti wéi 2011. Vill Leit zitt et aus dem Land, well de wirtschaftleche Wuesstem eng immens Pressioun op eise Wunnengsmarché huet an deemno déi kleng Gehälter am meeschte vun den negativen Externalitéite vum Wuesstum belaauscht sinn.

An och do gesi mer ganz kloer, datt, wa mer eis ukuken, wéi déi iewesch Gehälter gewuess si par rapport zu den ënneschten, et sécherlech net gerecht zougeet.

Mee, léif Kollegeinnen a Kollegen, wéi vill kënnen mer dann de Guttverdenger ofverlangen? A wéi vill

belaaschte mer déi grouss Entreprises, déi sech am Milliounenberäich – soyons fous! –, Milliardeberäich beweegen?

An engem rezente Rapport vun EY – dat ass eng vun deene Consulting-Boëtten, déi d'Regierung esou gäre freet, fir hinnen ze hëllefen, Gesetzter ze schreiwen – an och an anere Rapporte virun hinnen, gëtt ëmmer erëm kritiséiert, datt de Steiersaz zu Lëtzebuerg am Verglach zu der OECD-Moyenne ze héich wier. Et ass natierlech gutt: Eng Firma, déi selwer vill Geld verdéngt, wëllt natierlech an engem Rapport och ëmmer kloerstellen, datt si ze vill Steiere géif bezuelen an dofir manner wëllt bezuelen.

D'Firme bezuelen hei am Land mam Impôt commercial a mam Impôt communal, dee variéiert, am Schnëtt ronn 25 %. Ass dat héich?

Bei eiser Kierperschaftssteuer leie mer domat am Mëttelfeld bei 25 % an trotzdeem hate mer 2021 eng Reprise vum PIB vu 6,9 %. Et kann eis also keen ziele kommen, eis Steieren op d'Entreprisë wieren e Risiko fir Kompetitivitéit gewiescht. Mir hätten eng vill besser Reprise wéi eng ganz Rëtsch aner europäesch Länner. An eisen Aen ass et och falsch, déi ganz Diskussioun vun der Kompetitivitéit reng op d'Fiskalitéit ze limitéieren. Do muss een an eisen Ae branchenüwergreifend kucken, wou strukturell d'Problemer leien. Mir sollte verstoen, firwat a verschidde Branchë Personalmanagement herrscht a firwat mer eis hei am Land schwéierdinn, fir datt d'Leit kënnen Independant ginn. An dat ass net nëmme d'Fiskalitéit.

Natierlech muss mer kucken, datt d'Finanzplaz wederhi gutt do steet. Mee dat ass bis haut nach ëmmer de Fall, an dat och no de villen Upassungen um Niveau vun der OECD an den EU-Direktive wéi zum Beispill der ATAD.

Steierlech Virdeeler fir Firms sollte virun allem de PMEen an de Startuppen zeguttkommen, an net Firmen, déi virun 30 Joer eng Kéier e Startup waren, wéi se nach e puer Bicher online verkaaft hunn an hautdesdaags grouss Steierrabatte vun der Regierung kréien.

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, et gesäit een: Eise Steiersystem fonctionéiert gutt mat eiser Wirtschaft, mee net optimal fir eis Gesellschaft. Dofir plädéiere mir Piraten fir einfach a kohärent Reegelen, déi op all Akommes d'nämmelech applizéiert ginn. Mir brauchen e vereinfacht Steiergesetz ouni Honnerte vun Ausnahmen. Ob Salären, Divenden, Løyeren oder soss Revenuen: All Akommes soll zum Schluss vum Joer an een Dëppe gehäit ginn an dorobber sollte mer dann en entspreche Steiersaz bezuelen. Dat verlaangt natierlech eng komplett Upassung vun de Barëmen – däärs si mer eis bewosst.

Mir sinn dobäi nach wie vor derfir, datt d'Steierklassen ofgeschafft ginn an eng eenzeg Steuerklasse agefouert gëtt, an där jiddere gläich behandelt gëtt. De Staat soll hei fiskalesch neutral virgoen an d'Leit net incitéieren, ee Liewensmodell iwwert deen aneren auszewielen.

Mir wëssen elo dank den Zuele vun der Steierverwaltung, datt d'Steierklasse 2 fir jiddereen 1,9 Milliarden Euro d'Joer géif kaschten. Jo, dat si vill Suen an et verlaangt vill politesch Courage, fir heirun ze schaffen. Mee fir eis Piraten muss dat mëttelfristeg d'Zil sinn, fir Lëtzebuerg endlech mat enger moderner Akommenssteuer auszustatten, déi de Realitéite vum 21. Joerhonnert gerecht gëtt.

Dee Montant vun 1,9 Milliarden ass och net a Stee gemeesselt. Wann een d'Steiertabell upasst, de



Spätzesteiersaz no uewe verréckelt an all d'Akomenszorte gläich besteiert, ännert sech déi Rechnung em e Villfaches. Et war jo u sech eng Rechnung à choses égales.

Jo, mir Piraten ënnerstëtzen eng Erhéijung vum Spätzesteiersaz vum aktuell 42 % bis erop bis op 49 %. Dës Erhéijung sollt an eisen Aen iwwert d'Afëierung vu weideren Tranchen ab engem Joresakommes vum 200.000 Euro geschéien. Dat kéint, de Berechnunge vun der Steierverwaltung no, bis zu 500 Milliounen Euro zousätzlech an d'Keese spullen.

Dat fanne mer ugesichts vun de virdu genannten Ongläichheeten hei am Land nëmme gerecht. Wien an engem Joer méi wéi 200.000 Euro mat all sengen Aktivitéite verdéngt, ma deem deet esou eng Steiererhéijung sécherlech manner wéi wéi enger Persoun, déi mam Mindestloun hei am Land muss iwwert d'Ronne kommen an haut an der Moyenne 8,2 % Steiere muss bezuelen. A se géif jo och nëmme d'Akommes iwwer 200.000 Euro betreffen; also déi Tranchen driwwer.

Natierlech hale mir Piraten och weider dru fest, datt verschidde Liewenskäschtchen d'Base imposable kéinten erofsetzen. Mir sollten eis bei de Méiglechkeeten, fir d'Base imposable erofzesetzen, virun allem um Wuerekuerf vum engem Duerchschnëttsaushalt orientéieren an déi Liewenskäschtchen abréngen, déi d'Leit finanziell reell belastschen. Do falen natierlech d'Kanner drënner an all déi Käschtchen, déi mat hirem Wuelbefanne verbonne sinn.

Beispiller heifir fënnt ee genuch, ob et elo Schoulmaterial ass, wat d'Kanner brauchen, fir uerdentlech doheem kënnen ze schaffen, oder d'Käschtchen vum enger Betreuungsstruktur, wou d'Plaffongen och missten ugepasst ginn.

D'Ofschafe vun de Steuerklassen ass, wéi gesot, dat mëttelfristeg Zil. Mee et gëtt och haut scho Moosnamen, déi bannent kierzester Zäit kéinte vun der Chamber decidéiert ginn. Dës gezielt Moosname mussen virun allem de Vulnerabelen an eiser Gesellschaft zeguttkommen, well eng Gesellschaft ass nëmme esou staark wéi dat schwächste Glidd. Déi Elengerzéiend falen hei kloer drënner mat engem Taux de pauvreté vu 40 %.

Mir hate scho bei der Budgetsdebatt gefuerdert an enger Motioun, datt de Steierkredit fir d'Monoparentallen endlech muss reforméiert ginn a ganz kloer erhéicht muss ginn.

E weidert Beispill vun ineffikasse Moosname fir Leit, déi Hëllef brauchen, ass am Moment nach d'Allocation de vie chère. 2018 hätten 108.000 Stéit se zegutt gehat. Et hunn awer schlussendlech nëmme 19.500 Stéit d'Aide wierklech ugefrot. 138 Milliounen Euro huet de Lëtzeburger Staat sech eleng duerch d'Onwëssenheet vun de Leit erspuert – oder duerch opak Prozeduren.

Mir müssen ophalen, de Leit, déi fir esou Moosnamen a Fro kommen, duerch Bürokratie de Wee ze verspären a sollten esou schnell wéi méiglech op automatiséiert Léisunge kommen, esou wéi dat beim Kannergeld oder bei den anere Steierkreditter haut schon de Fall ass.

**Une voix** | Très bien!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mëttelfristeg och ëmsetzbar ass d'Ofschafe vun der Witwesteier, also, wou Persounen, déi hire Partner verluer hunn, no dräi Joer aus der Steuerklasse 2 gehéit ginn. Hei rechent d'Steierverwaltung iwwerens e Montant vun 350 Milliounen Euro vir fir d'Ofschafe vun der Steuerklasse 1a. Dee selwechte Käschtchenpunkt – plus/minus 300 Milliounen – géif entstoen, wa mer géifen de Mindestloun steierfräi

maachen, wat eng vun eise Kärfuerderungen ass an déi mer och nach ëmmer hei verrieden.

Déi Sue kéint een iwwert d'Erhéijung vum Spätzesteiersaz erakéien. Dës Moosnam wier wirtschaftlech och interessant, fir an der Groussregioun attraktiv ze bleiwe fir d'Salariéen.

*(Interruption)*

Déi positiv Externalitéiten a Form vun zousätzleche Steuerrecetté géifen d'Käschtchen vun der Moosnam nach eng Kéier offieder.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech kommen esou lues zum Schluss. Ech hat a menger Riedezäit leider net vill Zäit, fir nach am Detail op d'Fro vu Klima a Logement anzegoen, déi eis awer och immens um Häerz leien. Zweek Wierder awer dozou.

An der Klimapolitik sti mer weiderhin zu eiser Iddi vum Klimabonus, mat deem de verantwortleche Konsum soll fiskalesch belount ginn.

Am Logement kann ee fiskalesch mat enger Grundsteuer op Bauterrain schon e bëssen eppes beweegen. Dofir hu mer och eng Proposition de loi an deem Sënn deposéiert. Well wann ee kuckt, wéi vill Groussgrundbesëtzer et hei am Land gëtt, da gesäit ee jo, datt een do net immens vill Leit géif treffen.

Des Weidere sollten d'Käschtchen vu Loyerer a Prëten op den Hauptwunnsätz méi an den Depensé berücksichtegt ginn, fir der finanzieller Realitéit vun de Leit Rechnung ze droen. Geneesou muss een d'Fräibeträgg nach eemol upassen. Mir hu vum Enregistrement virdu geschwat – et muss ee vun der TVA op der éischter Constructioun schwätzen. Déi sinn net méi un d'Realitéit ugepasst! Et kann net sinn, datt mer um Logement 8 %, 10 %, 15 %, 16 % Croissance hunn alljoers an datt déi nammlechte Barëmen nach ëmmer gëllen. Dat geet iergendwou net op, well dat ass eng ... U sech: Indirekt huele mer de Leit domadder Geld aus der Täschen.

D'Zil vun der Steuerreform muss et sinn, datt d'wirtschaftlech Leeschtung vu Lëtzebuerg méi Leit zeguttkënn an datt méi Leit aus der Mëttelschicht besser um gesellschaftleche Liewen deelhuele kënnen.

Kuerzfristeg hu mer Méiglechkeeten, well d'Sue sinn elo schonns do. Wa mer déi kuerzfristeg Moosnamen nach an dëser Legislatur géifen ëmsetzen, da géife mer scho vill bewierken – an d'Leit waarden dorobber: steierfräie Mindestloun, Erhéijung vum Spätzesteiersaz, Hëllefmechanismen entbürokratiséieren, d'Steierklasse 1a méi favorabel maachen an de Logement méi an den Depensé berücksichtegen. Et géif 650 Milliounen Euro kaschten a 638 Milliounen erabréngen. Ergo hätte mer e Méikäschtchenpunkt vun 12 Milliounen Euro d'Joer. Dat muss et eis wäert sinn! Dat muss mer kënnen am Staatsbudget erfannen.

An deenen nächste fënnef Joer brauch et dann eng déifgräifend Reform, an där mer ewechkomme vun eisen almoudesche Gesetzer, déi Singelen an Elengerzéiender vis-à-vis vu Koppele bevurdelegen; Gesetzer, déi nach quasi vun der Kierch matgeschriwwen goufen ...

*(Interruption)*

... a komplett vergiessen, wéi d'Realitéit haut um Terrain ass. Alternativ, falls d'Regierung dat net wëllt maachen, verweisen ech op eis Partnervermittlungsgesellschaft, déi mer op piraten.lu eropgesat hunn, nämlech: „Däi Partner fir d'Steierklasse 2“!

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Gilles Baum** (DP) | Här President, wannechgelift!

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Jo, Här Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Här President, erlaabt mer, vläicht eng Prezisioun ze froen. Ech sinn awer elo ... An d'Kollegen hei, déi niewent mer sëtzen, hu mech och elo grouss gekuckt. Den Här Clement huet gesot, d'virtuell Eropsetze vum Spätzesteiersaz vun 42 % op 49 %, wär an der Finanzkommissioun gesot ginn, dat géif dem Staat 500 Milliounen abréngen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Nee!

**M. Gilles Baum** (DP) | Dat hutt Dir elo gesot. Ech maachen et fäerdeg.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, jo. Stellt emol Är Fro fäerdeg.

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech maachen et fäerdeg an da loossen ech Iech reagéieren. Also, ech hunn dat elo esou verstanen. D'Kollegen hei op där Säit och. Ech wollt Iech froen, Dir waart jo och do ... Dat war, wéi mer eng ganz Rei Zuelesimulatiounen kritt hunn: „Wat wier, wann ...?“

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo.

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech mengen, mech ze erënnere, dass do gesot ginn ass, d'Eropsetze vun engem Prozent allkéiers géif 15 Milliounen méi an d'Staatskeess bréngen. Ergo wäere mer dann hei, wa mer vun 42 op 49 eropginn, bei 110 Milliounen, an net bei 500.

Mee ech hunn dat vun de 500 Milliounen, déi méi sollen erakommen duerch d'Eropsetze vum Spätzesteiersaz, elo vläicht falsch verstanen. Ech wollt Iech dat just soen.

An dann hutt Der zwou Mesuren ernimmt, an zwar: déi 350 Milliounen, wou mer schwätzte vun der Steuerklasse 1a; déi 300 Milliounen vum Mindestloun. An Dir hutt dat am Fong probéiert ze soen: „Majo, wa mer de Spätzesteiersaz eropsetzen op déi 500 Milliounen, da kënnen mer déi do zwou Mesur bal maachen. Dat géif sech jo da bal ophiewen.“ Ech wëll just gären eng Kéier, dass Der mer an Ärer Ried wannechgelift preziséiert, wat et mat deene 500 Milliounen op sech huet, vun deenen Der geschwat hutt, am Kader vum Eropsetze vum Spätzesteiersaz.

An déi zweet ... Här Clement, ech hu bei Iech gemierkt an Ärer Ried, dass d'Zäit Iech fortgelaf ass. Dofir sidd Der zum Schluss gerannt. Dir hutt eng Rechnung gemaach elo zum Schluss vu 650 Milliounen, 638 Milliounen. Dat war mer ze séier gaangen. Wann Der vläicht esou fein wäert, iergendwéi mer dat eng Kéier op Pabeier zoukommen ze loossen, dat géif mech awer nawell och ganz ferm interesséieren.

Ech soen Iech Merci, Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech kann Iech gären ... Déi 500 Milliounen kommen tatsächlech aus engem Dokument vun der Steierverwaltung, wat se eis zoukomme gelooss hunn, wou ënnert dem Tablo vun der Simulatioun 500 Milliounen stoung.

Ech hu mech do net op déi eenzel Prozenter bezunn. Do goufe verschidde Montanten och genannt. Ech kann Iech soen, datt d'Steierverwaltung eis an enger Simulatioun eng Méirecette vu 500 Milliounen – potenzielle 500 Milliounen – simuléiert huet, a mir dat Dokument och an der Kommissioun kruten.

Ech si mer net sécher, ob dat am Rapport erwänt gouf, mee ech kann Iech awer dat Dokument gären nach eng Kéier per Mail schécken. Well dee Montant gouf an engem Dokument vun der Steierverwaltung genannt, soss hätt ech en net zitéiert. Ech hunn net d'Gewunnecht, fir mer hei Zuelen aus de Fangeren ze suckelen. Ech schécken Iech och gären eng Kéier den Tablo zesumme mat deene 638 Milliounen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Den Här Kersch freet eng Prezisioun dozou.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här Clement. Fir d'éischt emol wollt ech Iech invitéieren, zesumme mat mir op de Kongress vun der Sozialistescher International ze fueren, ...

(Hilarité)

... well mir si jo praktesch hei deckensgläich an eise Virstellungen.

Mee elo zur der Diskussioun, déi den Här Baum elo ugestiwwelt huet. Ech mengen, de Mëssel verstanen ze hunn. Esou wéi ech et verstanen hunn an der Finanzkommissioun, war et esou: Wann ee bei gläichbleiwenden Tranchen, déi mer elo uewen an der Spëtzesäit hunn ..., dass dat da géif pro Prozentsaz 15 Milliounen ausmaachen. Dat ass dat, wat den Här Baum verstanen huet.

A wann een natierlech dat géif aneschtens maachen an déi Tranchen uewen aneschtens gestalten, da kann et natierlech méiglech sinn, dass vill méi Méieinnahme géifen erakommen, wéi wann een dat net géif maachen. Ech mengen, dat ass den Ënnerscheed an der Interpretatioun.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Also nach eng Kéier. Ech mengen, just fir dat ze confirméieren. Ech weess net, wou den nächste Kongress ass, da fuere mer zesummen dohinner.

(Hilarité)

Et gëtt sécher witzeg.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Sou déi ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech soe just: Déi 500 Milliounen stinn an engem Dokument. Dat heescht, mir kënnen déi noliessen.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Ech géif Iech proposéieren, déi Reespläng dann herno ze klären. En attendant géif ech dem Här Mosar d'Wuert ginn.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Finanzministesch, wann een zum Schluss schwätzt, ass scho villes gesot, wat ech dann och net brauch ze widderhuelen.

Ech wollt awer och meng kuerz Interventioun ufänke mat engem grouse Merci un eis zwee Corapporteren, déi eigentlech zwee ganz pedagogesch gutt, souwuel schrëftlech wéi mündlech, Rapporte gemaach hunn an déi haaptsächlech eng exzellent Aféierung an déi verschidde Sujete gemaach hunn. Dofir gebürt hinnen e ganz grouse Merci, deen ech och nach eng Kéier hei wéilt widderhuelen.

Da muss ech soen: Ech fannen eigentlech, datt déi Debatt vun de Mëtten eng vun deene gudden Debatten hei an der Chamber war. Éischtens fannen ech, datt déi ganz roueg gefouert ginn ass, och déi verschidde Fraktiounen ganz vill konkreet Propositionen gemaach hunn. Et muss een net ëmmer mat all deene Propositionen averstane sinn, mee ech hunn eigentlech fonnt: Et huet sech kloer gewisen, wat an deene verschidde Parteien och d'Prioritéit sinn a wéi si sech och iwwer de Waltermin vum nächste Joer kéinten eng zukünfteg Steierlandschaft virstellen – an, ech mengen, och elo de Bierger, dee sech dat dann hoffentlech de Mëtteg ugekuckt huet. Quitte datt ech do e bësse skeptesch sinn.

(Hilarité)

**Une voix** | Mir sinn net eens, well ...

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Dir hutt eng staark Konkurrenz, Här Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Dat ass ganz richtig, Här Di Bartolomeo. Dofir ass et eigentlech schued, well ech fannen, wéi gesot, datt dat heiten eigentlech eng vun deene ganz gudden Debatte vun dësem Haus war.

Ech kann awer och elo soe fir d'CSV, an dat ass schonn eng kuerz Konklusioun, déi ech elo zéien, op déi ech awer och nach herno zum Schluss eng Kéier aginn: Ech fannen och, mat deene ganz villen exzellente Propositionen, déi mäi Kolleeg Gilles Roth de Moien hei presentéiert huet, datt mir eigentlech ganz kloer eis hei positionéieren als Vollekspartei vun der Mëtt. An dat ass eppes, wat eis och extreem wichteg ass!

Ech hunn et gesot: Fir eis si weeder Politik nach Wirtschaft eigentlech e Selbstzweck. A fir eis als CSV huet souwuel d'Politik wéi awer och d'Wirtschaft um Enn vum Dag deem eenzelne Mënsch, awer och dem Allgemengwuel ze déngen. Dat huet och fir eis ganz kloer Konsequenze fir eis Wirtschafts- a Sozialpolitik an domadder och fir d'Steierpolitik, och a grad fir d'Betriber mat deenen ech mech elo an deenen nächste Minutte wäert méi intensiv beschäftegen.

Well an enger sozialer nohalteger Maartwirtschaft, fir déi mir als CSV stinn a fir déi mir antrieden, huet e Betrib och eng Verantwortung fir dat Allgemengwuel, awer och fir seng Mataarbechter. An engem wirtschaftlech-eetheschen Usaz vun der nohalteger Maartwirtschaft soll och eng Wirtschaft nohalteg a sozial ausgeglach sinn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Esou wéi d'Mataarbechter en Urecht op e gerechte Loun hunn, huet awer och eng Entreprise en Urecht op e gerechten an domadder och e korrekten Benefiss, an domadder och op korrekt Steieren, déi – an dat ass eng pragmatesch Contrainte – bei de Betriber derbäikënnt, awer och mussen, an ech wäert herno méi laang op dee Punkt agoen, kompetitiv am internationale Verglach sinn. Well eis Entreprisë mussen haut op engem Maart bestoen, deen net just hei aus dësem Land oder aus der Groussregioun besteet, mee deen an Europa a souguer an der ganzer globaliséierter Welt stattfënnt, soudatt dat konkurrenzéielfeld fir d'Betriber ëmmer méi schwéier gëtt.

Mir brauchen dofir staark Betriber – staark Betriber, déi kompetitiv sinn, déi eis Wirtschaft no bause gutt verfrieden an déi Benefisser maachen. Well wa se Benefisser maachen – an dat gëtt ganz oft vergiess –, da bezuele se Steieren! A wat d'Benefisser méi héich sinn, wat se méi Steiere bezuelen, soudatt eigentlech d'Betriber, deenen et gutt geet, léif Kolleeginnen a Kolleegen – an dat ass eppes, wat ech heiansdo an der Debatt vermessen –, déi si finalement gutt fir eis éffentlech Finanzen, well déi bezuele ganz vill Steieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir brauchen also eng Steuerpolitik, déi fir gesond Betriber, awer och fir gesond Betribsfinanze suergt, an och – an ech hunn et virdu gesot – fir korrekt Profitter, well just da kënnen och anstänneg Salairé bezuelt gi vun de Mataarbechter an et kënnen – an ech hunn et virdu gesot – och anstänneg Steiere bezuelt ginn.

Och nëmme wa mer kompetitiv an attraktiv Entreprene hunn, sinn eis Aarbechtsplaze mëttel- a laangfristeg ofgesécher. A mir hunn dat besonnesch elo an de leschte Méint gesinn. Mir hunn eis alleguerten ëmmer hei belueft, wéi resilient eis Bankeplaz eis alleguerten duerch déi Covidkris gefouert huet. Abee,

dat ass, well mer eng gesond, attraktiv a kompetitiv Bankeplaz hunn, déi och nach ganz vill Aarbechtsplazen am Moment huet. An ech hoffen, datt se déi och an den nächste Jore wäert behalen.

Wa mir also haut e Steuerpak als CSV virstellen, da sinn dat – an de Kolleeg Gilles Roth huet dat gemaach – natierlech fir d'éischt Mesurë fir Privatpersounen, awer och fir Betriber. A mir wëllen déi Mesuren och zesumme gesinn. Dat ass fir eis e Ganzt. Dat ass also net eppes, wat ee ka getrennt kucken. Nee, si sinn a sech déi zwou Säite vun enger nohalteger sozialer Maartwirtschaft am Interessi vun alle Mënschen dobaussen. Well fir d'Leit ass d'Wirtschaft do an d'Politik nach méi.

Här President, ech kommen dann elo zu deenen eenzelne Mesuren, déi mir och um Niveau vun der Besteuerung a vum Kader vun der Besteuerung vun den Entreprene de Mëtten hei wollte maachen. Ier ech awer dozou kommen, erlaabt mer trotzdeem, e kuerze Bléck op d'Situatioun dobaussen ze geheien. Well Dir wësst, am Moment ass eng Situatioun, déi ass natierlech fir eis alleguer, awer och fir d'Betriber, extrèmement schwieereg.

Mir kommen ... a mir sinn nach net ganz eraus aus enger Covidkris. Mir hunn en Ukrainkrich mat Energiepräisser, déi explodéieren. Mir hu Problemer a Schwieregkeeten um Niveau vun de Liwwerketten. Mir hunn eng Transition écologique. An – ech wäert herno nach kuerz drop zrëckkommen – mir hunn och eng extreem grouss Erausforderung, wat d'Main d'oeuvre an deem Land hei betrëfft.

A virdu ass ëmmer erëm vun Talenter geschwat ginn. Ech muss Iech soen, ech hunn e bëssen e Problem mat deem Wuert „Talerter“. Well mir brauche ganz vill Leit. Mir brauchen net nëmmen där „highly qualified“ Leit, mir brauchen och Leit, déi nach bereet sinn, haut a muer um Bau ze schaffen. Mir brauchen och nach Leit, déi am Horeca-Secteur aktiv sinn. Natierlech brauche mer och Leit, déi Toppjobben am Finanzsektor besetzen, mee, ech mengen, mir brauchen iwwerhaapt vill méi Leit, déi erëm bereet sinn, hei an d'Land schaffen ze kommen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Wann ech awer elo e bëssen d'Situatioun dobausse kucken, an do muss ech awer wierklech soen, dann hunn ech heiansdo e bëssen e Problem, wann ech eenzel Aussoe vu Kolleegen hei héieren, wat déi international Situatioun vun der Kompetitivitéit betrëfft. Do hunn ech wierklech d'Gefill, datt do eenzel Leit awer realitéitsfrem sinn.

Mir sinn am Moment an enger Situatioun, wann ech elo nëmmen déi dräi Haaptsteiere kucken – an de Gilles Roth an den Änder Bauler hunn déi jo de Moie gutt hei geschildert –: Mir hunn eng Betribsbesteuerung; dat ass a sech d'Kierperschaftssteuer plus d'Gewerbesteuer vun de Gemengen. Do si mir am Moment op iwwer 25 %. Do si mer am hënneschte Mëttelfeld vun der Europäescher Unioun. A wann ech kucken, Här Kersch ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här Mosar, Är Zuele sinn net richtig.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, Här Kersch, da kuckt Der dat no. Mir kënnen elo driwwer streiden, ob op der 16. oder der 17. Plaz, mir sinn op jidde Fall net am éischten Deel vun der Betribsbesteuerung. A wann ech e bësselchen esou liesen, wat an anere Länner proposéiert gëtt, do geet et quasiment iwwerall a Richtung vun enger Baisse vun der Betribsbesteuerung.

Dann hu mer eng Taxe d'abonnement. Dat ass eng Tax, déi mir quasiment just ganz eleng hei an dësem Land hunn. Dat wëll ech och emol eng Kéier soen. A



virdu sot den Här Clement eppes, wat faktesch falsch ass. En huet sech hei e bësselchen opgereegt an eebe gesot: „Et ass dach schlëmm, datt d'Fonge just 0,1 % bezuelen.“ Abee, op der ganzer Welt bezuele Fonge keng Steieren! Op der ganzer Welt bezuele Fonge keng Steieren an duerfir ass dat eng gelungen Approche fir ze soen: „Zu Lëtzebuerg hutt Der eng Taxe d'abonnement.“ Mir si frou, datt mer déi hunn a mir sinn déi Lescht, déi déi Taxe d'abonnement wëllen erofsetzen oder ofschafen. Ech wollt dat awer just, fir d'Realitéit duerstellen, och nach eng Kéier betounen.

Dann hu mer eng Verméigenssteuer fir Betriber. De Gilles Roth huet de Moie ganz vill driwwer geschwat. Ech wëll net nach eng Kéier an déi Direktioun goen. Och déi Verméigenssteuer fir Betriber gëtt et just nach a fënnf Länner am Moment an der Europäescher Unioun. Och dat muss ee wëssen. An déi fënnf Länner, notamment Frankräich, sinn amgaangen, driwwer nozedenken, ob se se net wëllen ofschafen oder zumindest erofsetzen.

Ech wëll Iech awer direkt soen, datt mir als CSV keng Baisse vun der Gewerbesteuer respektiv vun der Kierperschaftssteuer fir Betriber froen. Mir froen och keng Baisse vun enger Taxe d'abonnement a mir froen och keng Baisse vun der Verméigenssteuer, well mer klipp a kloer soen: Am Moment erlaabt d'Situatioun vun eisen öffentleche Finanzen dat net!

**Une voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | A mir sinn eng verantwortungsbewusst Partei, déi net einfach elo seet: Elo gi mer och nach dohinner an elo gi mer och nach d'Steiere fir d'Betriber erofsetzen. Dat maache mir net!

Mir soen awer gradesou kloer, Madamm Finanzministesch: Mir mussen d'Situatioun am A behalen. Mir musse kucken, wéi déi aner Länner och an der Steuerpolitik virginn, a mir mussen eis trotzdeem d'Recht virbehalen, wann et dann noutwendeg ass, eventuell do nozebesseren. An ech soen och nach direkt: Mir sinn als CSV wierklech net der Meenung, datt mer misste méiglechst niddreg Steiere fir Betriber an Europa hunn. Dat ass net eis Meenung.

Mir soen awer och gradesou kloer: Et kann net sinn, datt d'Steieren hei zu Lëtzebuerg méi héich si wéi an eise noen Ausland an an deene Länner, mat deene mir an direkter Konkurrenz stinn! An duerfir musse mir dat dote ganz genee am A behalen.

An dann e Punkt – an dat ass deen, deen eis vläicht am meeschte Kappzerbriches mécht, ech hunn et virdu gesot –, dat ass dee vun den Talenter, vun der Main d'oeuvre. Ech soen Iech, datt dat eng richteg Katastroph ass, an ech mengen, e puer Kolleegen hunn dat jo och de Moie gesot. Et gëtt och ëmmer dervu geschwat, datt et ganz schwéier ass, Leit an eist Land ze zéien. Ech soen Iech: A mengem Bekantkrees – an hei setzen och eenzel Kolleegen, déi Kanner hunn – sinn der ëmmer méi, déi net méi hei zu Lëtzebuerg bleiwen, Kanner, déi hei studéiert hunn, Kanner, déi exzellent Diplomer a Kompetenzen hunn, well se soen: „Lëtzebuerg ass net méi attraktiv.“ Dat ass awer einfach eng Realitéit!

Mir kënnen natierlech elo soen, déi géif et net ginn. Mee déi gëtt et! An ech muss Iech soen, dat mécht mir a sech méi Suergen, wéi datt mir net méi Leit vu baussen erakréien, wann eis eege jonk, talentéiert Leit ..., well mir hunn och talentéiert Leit, och ganz vill talentéiert Leit iwwregens aus der Immigration, déi hei an deem Land sinn. Wann déi talentéiert Leit net méi hei wëlle bleiwen an an aner Länner ginn, dann hu mer e Problem, an dorunner musse mer schaffen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann zu deene ganz konkrete Propositionen, déi mir als CSV wëlle maachen. An ech fänken do u mat engem Punkt, wou ech e bëssen erstaunt sinn, well en eigentlech néierens oder vu kengem anere Kolleeg hei virgestallt ginn ass. Dat ass a sech d'Modernisatioun vun eise Steiersystem. Dat ass en extreem wichtege Punkt. Mir hunn am Moment e Steiersystem, deen éischters iwwerhaupt net digitaliséiert ass an och nach e bësselche funktionéiert – erlaabt mer dat trotzdeem ze soen – wéi am leschte Joerhonnert. An ech mengen, datt do nach ganz vill ze maachen ass.

Dat, wat mir froen, dat ass, datt mer en digitalen Dossier kréien an der Steierverwaltung. Dat ass eppes, wat et schonn a ganz villen auslännesche Steierverwaltungen gëtt. Wat heescht dat, en digitale Steierdossier? Dat heescht en Dossier, wou een à tout moment ka konsultéieren, wéi d'Situatioun vun der Entreprise ass, wat vu Steieren nach ufalen, wat eventuell vu Steieren nach zrëckzekréien ass. Dat ass eppes, wat et am Moment schonn iwwerall a ville Steierverwaltungen gëtt, wat och den Entreprise ganz besonnesch géif hir Aarbecht erliichteren.

Mir froen och, datt den Zënsfouss, deen eis vill ze vill héich schéngt, den Taux d'intérêt légal, de Kolleeg Gilles Roth huet dat schonn e puermol gefrot, endlech och erofgesat gëtt vu 7,2 op d'Hallschent. Mir fannen, datt dat nach largement duegeet, zumindest an den aktuellen Zäiten.

An da froe mir och, datt mer eigentlech erëm méi a Richtung gi vu Kompensatioun vun deem, wat een als Steiere muss bezuelen, an deem, wat een als Steieren zrëckkritt. Dat ass och e Mechanismus, deen ass iwwregens och elo an engem Arrêt vun der Cour administrative confirméiert ginn, datt d'Steierverwaltung vill méi muss a Richtung vu Kompensatioun goen. Dat ass eng modern Steierverwaltung, déi funktionéiert esou.

An da last but not least, wat d'Steierverwaltung betrëfft, si mir och der Meenung, datt mer hei mussen eng Égalité des armes kréien zwëschent dem Steuerzueler, der Entreprise an der Administratioun. Am Moment ass et esou: Dir hutt just dräi Méint, wou Der kennt eng Reklamatioun maachen. Wann Der déi net gemaach hutt, da sidd Der hors délai.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

D'Steierverwaltung huet awer keen Delai, an deem se muss op déi dote Reklamatioun äntweren. An do wiere mir also frou, wann een do géif op e Wee goen, deen och déi Steierverwaltung an d'Aart, wéi se schafft, vill méi modern géif maachen.

Dann en zweete ganz wichtege Punkt fir eis, an dat ass och een, deen haut nach net proposéiert ginn ass. Och eng Moderniséierung vun eise Steiersystem an deem Sënn, datt d'Pertin, déi Gesellschaften maachen, déi am Moment ëmmer nëmmen an der Zukunft ofgesat kënnen ginn, och an der Vergaangenheet kënnen ofgesat ginn. Dat ass e System, dee schonn a ganz villen Nopeschlänner funktionéiert, notamment am UK, och an Däitschland funktionéiert dat. An ech wëll och drop hiweisen, datt dat a sech eng Recommandatioun vun der Europäescher Kommissioun ass, fir op deen dote System ze goen. Dat erlaabt nämlech den Entreprise besonnesch a méi schwierigen Zäiten, iwwer méi Liquiditéiten ze verfüegen.

Eng nächst Proposition, déi mir wëlle maachen an déi fir eis extrèmement wichtege ass, huet mat den Talenter ze dinn. Ech hunn et virdu gesot. Mir hunn am Moment e System vun enger Primm. Dee System

ass net schlecht. Mir hätten allerdéngs gär éischter e System, dee wierklech fokusséiert ass op jonk Leit, déi maximal 40 Joer hunn, jonk Leit, déi natierlech just an de Genoss vun esou enger Primm kéinte kommen an deenen éischte fënnf Joer, wou se dann hei am Land géife schaffen. Dat zielt souwuel fir Lëtzebuurger wéi fir Netlëtzebuurger. Och dat, mengen ech, ass eng Proposition, déi sécherlech kéint Weesentleches verbessern. Dat ass also och fir eis eng absolutt Prioritéit.

**Une voix** | Wéi laang?

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Fënnf Joer. Déi éischt fënnf Joer kënnen se dovunner profitéieren. 40 Joer plus während fënnf Joer.

Dann eng ganz wichtege Mesure, do si mir och net déi Eenzeg, déi déi hei scho proposéiert hunn. Dat ass fir déi Entrepreneuren, déi wierklech an nohaltege Technologien, och an Digitalisatioun investéieren, datt déi zousätzlech Ureizer kréien.

Wann ech elo e bësselchen esou héieren, wéi d'Entrepreneuren awer geplot si mat där Transition écologique, wat de Käschtepunkt vun där Transition écologique ass, mengen ech, datt mer do wierklech méi Moyene mussen an d'Hand huelen, an dat solle mer wierklech och maachen iwwer d'Steierpolitik. Dat kënnen mer net nëmme maachen iwwer Subventiounen, mee dat muss, wéi gesot, och iwwer d'Steierpolitik geschéien.

### 3. Dépôt d'une proposition de loi par M. Laurent Mosar

#### Exposé

Dann, an dat ass da scho mäi leschte Punkt, an dat ass eigentlech deen, wou de Kolleeg Gilles Roth an ech och ganz frou sinn, datt mer kënnen de Mëtten endlech eis Proposition de loi deposéieren. Hei geet et – an ech hat Iech et jo schonn ugekënnegt – ëm déi sougenannte „Loi Rau reloaded“. Ech géif dem President déi hei iwwerrechen.

*8047 – Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu aux fins de relancer l'investissement dans l'entrepreneuriat durable et numérique*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV), auteur | Ëm wat geet et? Ech mengen, de Moien hat de Kolleeg Änder Bauler dat schonn ugeschnidden, och de François Benoy hat et gesot: Mir constatéieren am Moment, datt mer iwwer zwou Milliarden un zousätzlechen Ekonomien op de Banken hu säit der Covidkris. Déi Ekonomien leien do. Déi ginn net utilliséiert, well d'Leit eigentlech néierens gesinn, wou se dat iergendwéi kënnen investéieren an iergendwéi en Incitatif hunn.

Wann ech kucken, wéi vill Incitativen – an dat ass jo virdu an hei ugeklongen – een huet, wann een an Immobilien investéiert, a wéi weineg een der huet, wann een an d'Économie réelle investéiert, well et ass d'Économie réelle, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi eis virubréngt, net den Immobilien, da muss ech soen, dann ass do wierklech en Decalage, deen net ze akzeptéieren ass!

An duerfir proposéiere mir eigentlech, op eng Success-story zrëckzekommen, d'Loi Rau, déi eeler Kolleeg kënnen sech nach un déi erënneren, datt mir soen: Et muss net nëmme fir d'Entrepreneuren, mee och fir d'Mënschen, déi wëllen investéieren an déi e bëssen Ekonomien hunn ..., datt een déi muss steierlech ënnerstëtzen, wa se an Entrepreneuren investéieren, déi nohaltege an an d'Digitalisatioun investéieren.

Hei geet et – an ech wëll elo net an den Detail goen, dat géif eis ze wäit féieren – a sech ëm d'ESG-Krittäre

plus Digitalisatioun. Mir proposéieren, datt do jiddweree ka bis zu 5.000 Euro par Contribuable ofsetzen, wann en an esou eng Entreprise investéiert. Ech mengen, do maache mer e wichtige Schrëtt Richtung nohalteg Politik. Mir ënnerstëtzen d'Entreprise, mee mir ënnerstëtzen haaptsächlech d'Bierger, déi emol endlech och nach eng aner Méiglechkeet hunn ze investéieren, déi hinnen e gewëssene Retour gëtt, wéi dat bis elo de Fall ass.

#### 4. Débat d'orientation au sujet de la modernisation et des défis de notre système fiscal (suite)

##### Débat (suite)

Här President, ech kommen domadder och schonn zum Schluss. Mir hunn also hei souwuel de Moie wéi de Mëtten am Ganzen – hu mer mol gezielt – eng zéng Propositionen, „plus eent“ hu mer dat genannt, dat ass och nach d'Proposition de loi, déi mer souwuel um Terrain vun der individueller Besteuerung wéi och vun der Besteuerung vun de Betriber gemaach hunn.

Et kann ee sécherlech soen: „Déi zéng Propositione sinn net perfekt.“ Ech fannen awer, datt dat e ganz seriösen Denkestouss ass an datt wierklech déi eng oder aner Proposition, déi mer gemaach hunn, och derwäert ass, datt se vun der Regierung a vun der Majoritéit géif ganz seriöös consideréiert ginn.

Ech hat am Ufank gesot: D'Wirtschaft ass kee Selbstzweck, mee muss ëmmer de Mënschen déngen. Mee fir dat kënnen ze maachen, brauche mir, wéi gesot, eng zolidd Wirtschaft mat staarke Betriber, mat staarke Patronen, awer och mat staarke Mataarbechter. Dofir brauche mer e steierlecht Ëmfeld, dat souwuel fir d'Patrone wéi awer och fir déi Dausende vu Mataarbechter stëmmt.

Fir déi zwee gëllt, an de Gilles Roth huet et de Moie gesot: D'Schaffe muss sech lounen – Steierentlaaschtung elo! Ech hunn et gesot, mir plädéieren hei net fir iergendwellech Baissé vu Steieren, wat Entreprisë betrëfft. Mir wëllen och hei keng Kaddoen iergendwelleche Patronen vun Entreprisë maachen. Mee mir hätte gär Entreprise, déi esou opgestallt sinn, datt se hir wichteg Responsabilitéit fir d'Allgemengwesen och kënnen huelen. Dëst ze maachen, ass grad elo d'Verantwortung vun der Politik an et ass och wichtig, datt mer dat maachen, well et ass déi Politik, déi och d'Mënschen dobaussen zesummenhält.

Ech hunn et virdu gesot: Mir sinn als CSV d'Vollekspartei vun der Mëtt. Schaffe muss sech lounen fir d'Mënschen, mee awer och fir d'Betriber. Nëmme esou brénge mir et fäerdeg, weider eng kompetitiv Wirtschaft ze hunn!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Wa mer am Tour de France wäeren, da géif gesot ginn: „Hei, elo kënnt d'Voiture-balai nach laanscht.“ Et ass mer awer wichtig, hei e puer Saachen, déi gesot gi sinn, awer och an dat richteg Liicht ze réckelen. An ech rejoinéieren absolutt den honorablen Här Laurent Mosar, wann e seet, dass mer net nëmmen en Niveau haten an deem Debat hei, dee ganz héich war, mee et ass och immens fair erofgaangen, an ech mengen, dat ass och ganz wichtig.

Eng Rei Iddie sinn de Mëtten an de Moien hei vu jiddweregem op den Dësch geluecht ginn, eng Rei Iddien, déi mat Sécherheet d'Iddie vun der Demokratescher Partei rejoinéieren, awer och nach vläicht vun de Koalitionspartner. Ech nenne just d'Grundsteuer, d'Spekulationssteuer, Upassunge beim Amortissement accéléré. An aner Iddien, dat waren eeben där, déi méi parteispezifesch waren. An ech mengen, et ass gutt, dass mer deen Exercice hei gemaach hunn. Et ass gutt, dass jiddweree sech hei konnt expriméieren.

Ech huelen do zum Beispill d'Upassung vun der Stiartabell un d'Inflatioun. Do hu mer eng Berechnung, dass dat 600 Milliounen d'Joer wäeren. Déi Leit aus der Steuerklasse 1a an d'Steuerklasse 2 huelen, do wësse mer, dass dat och 350 Milliounen wäeren.

An dann hu mer eng Rei Mesuren, déi vun enger Rei Riedner genannt gi sinn, wou mer den Déchet fiscal net kennen. Ech huelen do zum Beispill de bëllegen Akt, dee kéint eropgesat gi vun 20.000 op 50.000 Euro; d'TVA Logement vu 50.000 op 100.000 Euro ass hei proposéiert ginn; d'Progressivitéit am Steuersaz; nei Steuertranchen, den Ufank bei 15.000 Euro amplaz bei 12.000; en neie Berechnungsmodus, wann ee Kanner huet; eng ganz Rei Mesuren.

An ech mengen, dat war effektiv flott hei, dass eng ganz Rei Iddien op den Dësch komm sinn. Et sinn eng Rei Iddien ... Dat war jo am Fong och d'Zil, mengen ech, vun dësem Debat, dass jiddweree sech sollt expriméieren, dass jiddweree sech sollt positionéieren. Dat war och gutt esou.

Do sinn Iddien, déi ee soll suivéieren, awer wat nach méi wichtig ass: Et sinn och Iddien, mengen ech, déi mer musse chiffréiere fir ze wëssen, wat all eenzel Mesure do bréngt, wat se kascht an haaptsächlech, mengen ech, wat dat am Steiersäckelche vum Staat bedeit.

Dësen Debat war richtig, et wa mer e klengen Air de précampagne électorale heibanne gespuert hunn, mee ech mengen, domat kann ech ganz gutt liewen, och dat war gutt.

Erlaabt mer ganz kuerz, de Kollege André Bauler ze zitéieren. En huet de Moien dat heite gesot: „Gleeft mer, ech géif léiwer hei stoen an Iech soen: ‚Mir hu Sputt, fir déifgräifend Moosnamen ze huelen. Mir setzen d'Steieren [...] erof a mir entlaaschten [hei a mir entlaaschten do].‘ Mee ech denken, et ass méi wéi kloer [...], datt mir net bereet sinn, d'Nohaltegkeet vun eise Staatsfinanzen, an esou och eisen Triple-A, an enger Welt voller Unsécherheet, Risiken an negativen Iwwerraschungen“, an dat ass leider déi Welt, an där mer de Moment liewen, „liichtfankeg op d'Spill ze setzen. Wann hei zu Lëtzebuerg e manner grouse Kuch gebak géif ginn, da sténgen Aarbechtsplazen [...] um Spill. D'Wirtschaft géif an eng Kris gestierzt ginn an et géif ëmmer manner ze verdeele ginn. Dat géif d'Aarmut féerden an et géif déi Schwächst an der Gesellschaft batter treffen. An dat wëlle mer [net]!“

Jo, mir liewen an onsécheren Zäiten. De Statec huet de Wuesstum vun dësem Joer revidéiert vun 3,5 % op 1,5 %, wann ech richteg informéiert sinn. D'Wuert „Rezessioun“ héiert een an der Eurozon. Hoffentlech bleift dat eng Chimère an dat gëtt keng Realitéit. D'Ewechbrieche vu verschiddene Recetten, do wësse mer och nach net honnertprozenteg, a wat fir eng Richtung dass et geet. An duerfir plädéiere mir als Demokratesch Partei zu dësem Moment ganz kloer fir Wäitsicht a fir Virsicht.

Déi nächst Joren, déi nächst Méint wäerte mer eis müssen der Decken no strecken, ausser, ausser heibanne géif de Wonsch geäussert ginn, fir weider

Scholden ze maachen. Mee dat hunn ech de Mëtten vu kengem vun de Riedner héieren. Duerfir ginn ech dovun aus, dass mer dat Zil, dat mer ëmmer uginn hunn, nämlech ënnert den 30 % vum PIB mat der Verschuldung ze bleiwen, alleguerten zesumme wëllen anhalen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | De Spillraum – an ech mengen, dat weess och jiddweree heibannen – ass enk. A mir brauchen an den nächste Méint, an den nächste Jore Loft. Mir brauche finanziell Loft, fir kënnen op Krisen oder op Polykrisen ze reagéieren. Et ass virdu ugeklongen, dass déi Mesuren, déi mer geholl hunn am Kader vum Covid, eis 3,2 Milliarde kascht hunn. Déi éischt Tripartite-Ronn huet 0,9 Milliarde kascht a mir stinn zu 100 % do hannendrun.

Mais on n'est pas sorti de l'auberge! A wann ech Iech géif eppes aneres soen, da misst ech eppes soen, wat ech net ka virausgesinn, well ech mengen, keen heibanne weess, wou mer an dräi oder a sechs Méint stinn oder d'nächst Joer. Et ass vun enger vun de Sensibilité-politiquë gesot ginn, mir hätte bewosst keng grouss Steuerreform gemaach. Mir hätten dat bewosst verschlof.

Ech erënneren drun, dass mer hei eleng 4 Milliarden an de Grapp geholl hu fir Mesuren, déi absolutt néideg waren an där Kris. An ech wëll ënnersträichen, dass mer an de Joren 2018 an 2019 mat de Koalitionspartner vun der LSAP an deene Grénge wierklech amgaange waren, eng ganz Rei Mesuren auszeschaffen. An et si Kollegeen, déi hei op de Bänke setzen, déi waren do derbäi, dat si meng Zeien do derzou. Mir ware wierklech beméit a gewëllt, eppes ze maachen, mee déi Krisen hunn eis e Stréch duerch d'Rechnung gemaach.

Summa summarum: Déi nächst Joren, déi nächst Méint wäerten net einfach sinn. Mir wäerten déi ekonomesch Situatioun, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee och an der Eurozon an an der Welt müssen am A behalen. Firwat? Fir eng responsabel Politik ze maachen an de Staatsfinanzen, fir eng nohalteg Politik ze maachen an de Staatsfinanzen, nohalteg fir d'Leit hei zu Lëtzebuerg, nohalteg fir eis Economie a besonnesch nohalteg fir déi kommend Generatiounen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministeresch Yuriko Backes.

##### Prise de position du Gouvernement

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Sou, Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, d'Diskussioun de Mëtteg, déi de Moien ugefaangen huet, huet mengen ech, erëm eng Kéier gewisen, dass d'Fiskalitéit wierklech ee vun den zentrale politesche Sujeten ass, well d'Fiskalitéit direkten an indirekten Afloss op wierklech all Aspekt vun eise Zesummeliewen an och vun eiser Wirtschaft huet.

Den Debat huet och gewisen, dass d'Fiskalitéit kann en emotionale Sujet sinn. Ech mengen, de Mëtteg war dat hei vläicht e bësse manner de Fall, wéi ech mer dat vläicht hätt kënnen erwaarden. Ech mengen, hei si ganz objektiv a rationell Debate gefouert ginn. An dofir soen ech och Merci, well d'Ennerlag dovunner war den exzellente Rapport vun den zwee Rapportere. E ganz grouse Merci dem Här Bauler an dem Här Roth. Ech mengen, dat huet wierklech gehollef, fir dësen Debat ze preparéieren.



Ech mengen, mir wëssen alleguerten, dass mer an enger ganz komplizierter Welt liewen. An an där komplizierter Welt gëtt et ganz einfach keng einfach Léisungen. An deen, deen dat behaupt, dee seet net d'Wourecht.

Eise Steiersystem bei den direkte Steiere baséiert op der Abgabenordnung vun 1931. Et ass also ganz richtig, iwwert d'Moderniséierung vun engem System ze schwätzen, esou wéi dat dann haut och de Sujet war vun eisem Débat d'orientation.

Eng grondleeënd Moderniséierung vun dësem System géif awer och heeschen, dass viles vun deem, wat mer haut esou kennen, grondsätzlech dann och misst a Fro gestallt ginn, déi gemeinsam Besteuerung vu bestueten oder gepacste Koppelen zum Beispill oder eng ganz Rei Abattementen oder Fräibeträg, déi haut vläicht net méi dee selwechte Sënn erfëlle wéi zu deem Zäitpunkt, wéi se da viru Joren agefouert gi sinn.

Anescht wéi bei de Stéit, ass et am Beräich vun der Betrëbsbesteuerung iwwert déi lescht Joren awer schonn zu enger gewëssener Moderniséierung komm, mat neie Reegelen am Niveau vun der EU, mat neie Reegelen am Niveau vun der OCDE, déi derfir suergen, dass grouss international Betriber sech net méi laanscht d'Steieren drécke kënnen.

Éier ech op déi eenzel Punkten aus der Diskussioun aginn, wëll ech e puer méi generell Iwwerleeungen och mat Iech deelen. Et huet een d'Fro gestallt, firwat et iwwerhaapt Steieren gëtt, ob ee sech iwwerhaapt déi Fro gestallt huet. Dach, ech hu mir déi Fro gestallt, well ech mech elo an deene leschte puer Méint do hu missen e bëssen dran aschaffen.

Et gëtt effektiv Steieren aus zwee Grënn: Éischtens, well natierlech de Staat d'Recettë brauch fir ze fonctionéieren an dat am Interessi vun der Allgemengheet. An zweetens, well mer mam Instrument natierlech vun de Steieren e gewëssent Verhale bei de Leit oder bei den Entreprisë wëllen entwedeer ënnerstëtzen oder discouragéieren.

Zum éischte Punkt: Oft gëtt gesot, dass d'Leit wierklech net gäre Steiere bezuelen. Ech kann dat och verstoën. Ech wëll awer ënnersträichen, dass Steiere bezuele keng Strof ass, mee e Bäitrag zum gudden Fonctionnement vun eiser Gesellschaft an eisem Land.

Och d'Entreprisë wëssen, dass se hire Bäitrag leeschte mussen, fir gutt Infrastrukturen, fir e gudden soziale System, fir e gudden Service public, dee si selwer brauchen, fir selwer och kënnen gutt ze fonctionéieren. Dofir kann een den Debat also iwwer d'Steieren, also iwwert d'Recetten, net lassloossen oder lassgëlléist féiere vun engem Debat iwwert d'Depensen.

Wien also d'Steiere grondsätzlech erofsetze wëllt, muss dann och erklären, wou e bei den Depensen zum Beispill aspuere wëllt. A wien d'Steieren eropsetze wëllt, muss erklären, wat e mat deene Suen zousätzlech da finanzéiere wëllt.

Zum zweete Punkt: Steiere kënnen e Lenkungseffekt hunn, jo, mee Steiere sollen net als dat eenzegt Instrument ugesi ginn an deem Sënn. Subsidien, Subventionen, Reglementatiounen sinn all aner Instrumenter, déi genee esou wichteg sinn an zum Deel souguer eventuell emol méi effikass, fir dat gewënschent Zil oder Resultat ze erreechen.

Do, wou ee mat Steierinstrumenter schafft, soll een och reegelméisseg iwwerpräiwen, ob si nach ëmmer hiren Zweck erfëllen oder ob am Laf vun der Zäit dat Instrument da vläicht manner effikass ginn ass. Dëst gëllt besonnesch fir Steierkreditte oder Abattementen, déi vläicht guer keen Effet incitatif méi hunn a

souguer eventuell no ganz ville Joren de Géigendeel vun deem bewierken, fir dat se am Fong emol agesat gi sinn.

Dofir ass et och gutt a richtig, den Déchet fiscal vun deene verschiddene Mesuren ze kucken, fir dat dann och reegelméisseg ze iwwerpräiwen, ob de Käschtepunkt fir d'Allgemengheet – an et ass e Käschtepunkt ëmmer fir d'Allgemengheet – nach ëmmer am Verhältnis zu deem steet, wat mer da mat där Mesure wëllen erreechen.

En anere wichtige Constat: D'Entwécklung vun de Steuerrecetten hänkt direkt mam Wirtschaftswuesstum zesummen. Dat ass vläicht och net genuch an dësem Debat ënnerstrach ginn. Dofir ass et mer wichteg, fir dat awer ze soen: De beschte Wee, méi Recetten ze garantéieren, ass, fir nohaltege Wuesstum ze suergen. Ëmgedréit gesi mer natierlech och, dass an Zäiten, wou d'Wirtschaft sech manner positiv entwéckelt, och eis Steuerrecettë ganz séier kënnen abriechen.

Wéi de Koalitiounsprogramm geschriwwen ginn ass, Enn 2018, waren déi wirtschaftlech a finanziell Perspektive ganz anerer wéi haut. Dir wësst dat besser wéi ech. Laut de Projektione vun deemools, wär de Budget dëst Joer am Equilibre gewiescht a mir hätten also da Sputt gehat fir méi generell Steuererlichterungen.

Wat deemools natierlech kee konnt virausgesinn – an ech mengen, dat ass hei och en long et en large ugeschwat ginn –, dat war natierlech d'Pandemie an duerno och de Krich an der Ukrain mat alleguerten ... an de ganz ville Konsequenzen, déi mer kennen.

Ech si ganz frou, fir e Méindeg kënnen an d'Cofibu ze kommen, fir d'Zuelen da vun der Exécution budgétaire vun der éischter Hallschent vun dësem Joer kënnen virstellen. Ech wëll Iech dann awer elo scho soen, dass et esou ausgesäit, wéi wann d'Zuelen e Stéck manner schlecht géifen ausgesinn, soen ech Iech ganz éierlech, wéi dat, wat mer am Ufank vum Joer gefaart hunn. D'Recetten entwéckele sech verhältnisméisseg gutt, wann och e gutt Stéck manner dynamesch wéi d'Joer virdrun. D'Depensë sinn déi éischt Hallschent vum Joer rasonabel bliwwen. Dat ass eng gutt Saach. Mee do wësse mer, mengen ech, och alleguerten, dass déi wäerten an der zweeter Hallschent vum Joer substanzuell an d'Luucht goen, well vun dësem Mount un natierlech och de Crédit impôt énergie ausbezuelt gëtt wéi och déi aner Hëllef, déi mer decidéiert hunn.

Vläicht och just fir Iech drop opmierksam ze maachen, dass de Moien d'Europäesche Kommissioun hire Summer Forecast presentéiert huet. D'Croissance fir Lëtzebuerg fir dëst Joer gëtt do op 2,6 % virausgesinn a fir d'nächst Joer just nach 2,1 %. Am Spring Forecast ass een nach dovunner Ausgang, dass d'Croissance d'nächst Joer 2,7 % wär. Do gi mer ..., also dat si keng positiv Entwécklungen. Mat deenen dote Perspektive si mer nach net an enger Rezessioun, zum Gléck, mee mir ginn awer e gutt Stéck méi zréck, wéi mer dat gäre wënschen a wéi et och am Ufank vum Joer virgesi war.

Am PSC natierlech, wëll ech och ënnersträichen, si mer och mat enger Croissance Ausgangen op Basis vu Statistike vum Statec vun 1,4 %.

Mee ech mengen, mir wëssen alleguerten: D'Onsicherheit bleiwen extreem grouss. Mir missten eis drop astellen, dass an den nächste Méint a Jore wirtschaftlech méi schwéier Zäiten op eis wäerten duerkommen. Mir missten dofir ophalen, den héije Wuelstand, vun deem ganz vill, mee natierlech net alleguerten d'Awunner profitéieren, als selbstverständlech an dësem Land ze huelen.

Ech begrëssen dofir och ganz ausdrécklech d'Motioun, déi d'Majoritéitsparteien abruucht hunn, well se op all déi Mesuren hiweist, déi déi lescht Joren a Méint geholl goufen, grad och am Kader vun der Tripartite, fir d'Kafkraaft vun de Leit ze halen. Si ënnersträicht – an dat ass fir mech ganz wichteg – d'Wichtigkeet vu gesonde Staatsfinanzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, als Finanzministesch ass et natierlech meng Aufgab, net nëmme kuerz-, mee och laangfristeg ze plangen. Mir kënnen an däreren haut keng Mesuren huelen, déi zu strukturellen Defiziter féieren an déi an e puer Joer nach just mat entwedeer weidere Scholden oder Austeritéit oder méi héije Steieren opzefänke wäeren. Dat wär irresponsabel.

Punktuell limitéiert Mesurë schénge mer awer méiglech, ouni dass eis Staatsfinanzen doduerch géifen ze wäit aus der Bunn geheet ginn. Den Debat huet gewisen ... an d'Motioun huet och konkret Pisten identifizéiert, op deenen ech zesumme mat mengen Ekippen och schonn deelweis geschafft hunn an op deene mer wäerte weider schaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech kommen dann elo op déi eenzel grouss Theemen ze schwätzen, déi am Debat och ugeschwat gi sinn, an och an där Reiefolleg, wéi se am exzellente Rapport opgezielt sinn.

Éischtens also, wat d'Équité sociale an d'Steiergerechtegkeet ugeet: Dat hei ass natierlech e ganz zentrale Sujet, dee gläichzäiteg weist, wéi komplex déi ganz Matière ass. Am Resümee vläicht dat, wat ech haut och aus dem Debat hei gehéiert hunn. Ech probéieren, dat an e puer Zeilen ze resuméieren.

Déi Leit ënnen op der sozialer Leeder solle manner Steiere bezuelen. Do si mer eis eens. D'Mittelschicht soll weider entlaascht ginn. Talenter, déi eis Wirtschaft brauch, fir sech weiderzuentwéckelen, an dat si bal ëmmer, net nëmme, mee oft déi, déi gutt verdéngen, sollen och weider encouragéiert ginn, fir op Lëtzebuerg ze kommen. Gläichzäiteg sinn anerer awer der Meenung, dass déi Leit, déi gutt verdéngen, méi héich solle besteiert ginn.

D'Zuelen aus dem Rapport weisen awer, dass dat net alles ganz esou einfach ass. Déi Leit, déi ënnen op der sozialer Leeder stinn, bezuelen haut scho keng oder bal keng Steieren. Dofir wëll ech och hei kloerstellen: Een, deen den onqualifizéierte Mindestloun verdéngt, bezilt carrement guer keng Akommessteuer. Do ass also näischt steuerfräi ze maachen. Een, deen de qualifizéierte Mindestloun verdéngt, bezilt an de Steuerklassen 1a an 2 och keng Steuer an an der Steuerklass 1 ronn 1.400 Euro d'Joer, wat engem Steiersaz vun ongeféier 4 % entsprécht.

Zu Lëtzebuerg hu mer – an ech mengen, wierklech ze soen: zum Gléck! – eng breet Mittelschicht. Vill Leit, déi derzougehéieren, géife vläicht souguer am Ausland schonn als räich ugesi ginn. Där Leit, vun deene jidderee sech eens ass, dass se zu deene Räiche gehéieren, gëtt et awer net esou vill.

Mir hunn dat ausgerechent an et steet och am Rapport: De Spëtzesteiersaz eropsetze vun 42 % op 45 %, fir dat Beispill ze huelen, et kann een och aner Beispiller huelen, géif nëmme 50 Milliounen pro Joer erabréngen. Wann d'Iddi also wär, iwwert dee Wee Steuerbaissë fir d'Mittelschicht ze finanzéieren – déi Rechnung geet leider net op.

Ech mengen, hei muss een och nach emol un eng Rei aner Tatsaachen erënneren, déi weisen, dass eise Steiersystem haut schonn eng ganz staark sozial Komponent huet.

Mat eisem aktuelle Spätzesteiersaz, den Impôt de solidarité mat agerechent, vu knapp 46 % leie mer haut schonn am éischten Drüttel vun de Länner an der OCDE mat dem héichste Steiersaz. Et hu schonn anerer och vun Iech heibannen drop higewisen. 75 % vun der Akommessteuer, dem IRPP, gi vu just 2,13 % vun de Stéit bezuelt. Déi Leit mat de breede Schëllere droen also haut schonn en iwwerproportionellen Deel vum Finanzement vun eisem Sozialstaat bäi. An ech mengen, dat ass och gutt esou.

Mee mir mussen oppassen, dass mer och an Zukunft nei Talenter unzéien an international kompetitiv bleiwen. Ech mengen, vill vun Iech hunn och dodrop higewisen. Mir musse kucken, dass se heibleiwen, dat och, a mir musse kucken, dass se weider heihinner kommen.

Eng Iddi, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, déi ëmmer erëm zur Sprooch kënn an de Mëtteg an de Moien och hei zur Sprooch komm ass, ass déi vun der Upassung vum Steuerbarème un d'Inflatioun. Dat gëtt elo och vun där Partei gefuerdert, déi et sengerzäit ofgeschaaft huet. Well et war deemools déi richteg Decisioun an et bleift och elo richteg, dass esou eng Mesure net nëmmen e grousst Lach an d'Staatskeess rappe géif – mir wëssen dat, dat steet och am Rapport, 600 Milliounen d'Joer –, an och nach sozial ongerecht wär, well déi héich Revenuen am meeschte profitéiere géifen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Ministesch, erlaabt Der, datt den Här Roth Iech eng Fro stellt?

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Natierlech.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Madamm Minister. Ech wëll, dass d'CSV net falsch verstane gëtt. Ech war selwer Rapporteur dervun an enger schwaarzrouder Koalitioun – an Dir hutt elo gesot –, déi dat gefuerdert huet. Mir hunn de Moien, an dat ass och schréftlech nozeliesen, eng Inflatiounsberengung gefuerdert. Dat, wat 2012 ofgeschaaft gouf, dat war den Artikel 125 aus dem Steiergesetz an dee gesäit eng automatesch Steuerupassung hallefautomatesch vir. Dat heescht am Kloertext, wann zwou Index-tranchen erfalen, da muss de Staat iwwert dat Gesetz nobesseren. Dat ass e weesentlechen Ennerscheed zu deem, wat Der elo gesot hutt.

Eng Inflatiounsberengung, dat hunn ech de Moie gesot, ass ëmmer ënnert dem Här Juncker an dem Här Frieden gemaach ginn, souwuel mat Iech als DP wéi och mat de Sozialisten, mee si ass an Etappen ... an duerno ass se gemaach ginn. Duerfir soe mir ëmmer, net eng automatesch Upassung, duerfir hu mer der ADR hir Motioun net matgestëmmt, mee mir schwätze vun enger Inflatiounsberengung. A firwat maache mer déi? Well wann Der keng Inflatiounsberengung maacht, da maacht Der de facto eng Steuererhéijung. An dat nennt ee kal Progressioun.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Merci fir déi Clarificatioun. Mam Outil vun de Steierkreditter kënne mer, mengen ech, méi geziilt do hëllefen, wou et och da wierklech néideg ass. An ech mengen, och mam Crédit d'impôt énergie, dee mer am Kader vun der Tripartite decidéiert hunn, ass dat och dee richteg Wee.

Ech mengen och dofir, dass mer an Zukunft éischter sollen op Steierkreditter zrëckgräifen, fir de Leit ënnert d'Äerm ze gräifen, déi et och wierklech brauchen, wéi elo eng generell Upassung vun der Steiertabell an d'Aen ze faassen.

Eng aner Fro, déi am Debat zur Sprooch komm ass, ass déi vum Ofschafe vun de Steierklassen oder anescht

gesot: vun der Individualisatioun. Et ass richteg: E groussen Deel vun den Desequibleren, vun deenen Ennerscheeder, déi d'Leit oft als Ongerechtegkeeten empfangen, kommen dohier, dass eise Steiersystem op enger Logik baséiert, déi där haiteger Gesellschaft net méi entsprécht. Dat ass e Modell deen op d'19. Joerhonnert zrëckgeet. Et ass e Modell, dee Koppele belount, an deene just ee vun deenen zwee schaffe geet an deen anere guer net oder just deelzäit schafft a sech doheem ëm d'Kanner bekëmmert. Mir wëssen all, dass dat meeschtens d'Fra ass a war. Eise Steiersystem ass dofir och net, wéi een dat op Englesch seet, „gender neutral“. A Studie beweisen, dass e System vun der Kollektivbesteuerung, esou wéi mir en hunn, dofir weider d'Frae benodeelegt. Ech kann domat am Fong net averstane sinn.

Mir sinn haut eent vun deene ganz rare Länner, déi nach eng Kollektivbesteuerung zouloossen. An deenen, wou d'Individualbesteuerung agefouert ginn ass, huet ee festgestallt, dass den Taux d'emploi vun de Fraen och an d'Luucht gaangen ass. D'Frae ginn esou méi onofhängeg vun hirem Partner, an de Risiko och vun Altersarmut am Fall vun enger Scheedung oder vum Doud vum Partner geet och domadder erof.

Des Weideren: Firwat kommen d'Elengerzéiend oder d'Monoparentalle bei eis oft méi schlecht ewech wéi bestuete Koppelen? Ech mengen, d'Äntwert ass: Well eise Steiersystem op eng Zäit och zrëckgeet, an där et am Fong keng Monoparentalle gouf.

Et kann een awer elo net higoen an eng Ongerechtegkeet duerch eng aner ersetzen, d'Monoparentallen oder d'Jonggeselle bevirdeelege par rapport zu bestueten oder gepacste Leit. An et kann ee keng Reform maachen, wou d'Resultat wär, dass Zéngdausende Stéit grouss Abousse par rapport zu haut hätten.

De Regierungsprogramm seet, an ech zitieren: „Le Gouvernement poursuivra de manière conséquente les efforts engagés sur la voie de l'imposition individuelle. [...] L'introduction du barème d'impôt unique nouveau vise également à alléger la charge fiscale des personnes physiques“.

Ech wëll et hei ganz kloer soen: An Zäiten, wou mer Defiziter a Milliardenhéicht hunn, ass et awer einfach net méiglech, esou eng Reform ze finanzéieren. Leider! D'Zil bleift bestoen, mee de Wee dohinner ass duerch déi successiv Krisen nach eng Kéier leider méi laang ginn. Nawell schéngt et mer an der aktueller Situatioun néideg, punktuell Upassungen ze maachen, fir de gesellschaftlechen Zesummenhalt och an Zukunft ze garantéieren.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Statistike weisen, dass et grad bei de Monoparentallen ass, wou de Schong am meeschten dréckt. Esou wéi dat dann an der Motioun och gefrot ass, wäerte mer dofir dodru schaffen, spéitstens fir de Budget 2023 d'Elengerzéiend geziilt a spierbar ze entlaaschten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Loosst mech da vläicht och kurz op déi eng oder aner vun de Revendicatiounen, déi ech de Moien an de Mëtteg hei héieren hunn am Debat, agoen.

D'Stéit solle genauso besteiert gi wéi d'Entreprises; dat ass vun där enger oder anerer Deputéierter och hei gesot ginn. Dat kann a wäert net ëmsetzbar sinn. Dat ass och, mengen ech, e bëssen Äppel mat Biere verglach. Eng Entreprise gëtt gegrënnt vu Personnes physiques am Sënn fir e Gewinn ze maachen, mat deem ee seng Salarié bezilt, an neit Material investéiert an och seng Aktionäre remuneréiert a Form vun Dividenden.

Wann eng Entreprise eng progressiv Steuer géif bezuelen an der Héicht vun deene vun de Personnes physiques, da kéint déi Gesellschaft manner investéieren a manner Leit astellen a wär manner produktiv um Enn vum Dag. D'Besteuerung vun de Gesellschaften kann dofir net eent zu eent mat der Besteuerung vun de Leit gläichgestallt ginn.

Ech wëll awer och soen, dass mat der Reform vun der OECD vun der Betribsbesteuerung d'Abusen och aus der Vergaangenheet, an där sinn et der natierlech ginn, ofgeschaaft ginn. An Zukunft wäert keng Entreprise sech méi laanscht d'Steieren drécke kënnen, an dat ass wierklech eng Joerhonnertreform, déi Lëtzebuerg säit dem Ufank och ënnerstëtzt huet.

**Une voix** | Ganz gutt!

**Une autre voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | D'Kapital soll genauso besteiert gi wéi d'Salären; dat ass och gesot ginn. Och hei ass d'Realitéit, mengen ech, net esou einfach. D'Steiergesetz gesäit acht verschiddenen Zorte vu Revenue vir, déi all ënnerschiddlech festgeluecht ginn an och deelweis ënnerschiddlech besteiert ginn.

Et ass vu Verschiddenen och mentionéiert ginn, do si mer eis warscheinlech hei net alleguerten eens: d'Kapital a Form vun Dividenden ass eng effektiv vun deenen, déi ënner verschiddene Konditiounen mat 50 % befreit sinn, well de Gewinn, deen hei ausbezelt gëtt, jo schonn um Niveau vun der Gesellschaft besteiert gouf. Mee Lëtzebuerg, wëll ech hei kloer soen, an Dir wësst dat och alleguerten, ass keng Insel. Eise System ass op deem Punkt dee selwechte wéi an anere Länner och. A wa mir esou eppes eleng ännere géifen, géife mer eis selwer och an e wirtschaftlechen Abseits stellen.

Et ass och vu verschiddenen Deputéierte gesot ginn, dass d'Part vun den Entreprises un de Steuerrecetten erofgeet, an déi vun de Leit géif ëmmer weider eropgoen.

Wann ech de Rapport richteg gelies hunn, ass dat awer relativ stabil bliwwen iwwert déi lescht fënnf Joer. Well Lëtzebuerg all Joer och nei Aarbechtsplaze schafft, geet d'Zuel vun de Steuerbezueler och all Joer erop. D'ailleurs bezuelen och net nëmmen d'Residenten hir Steieren zu Lëtzebuerg, mee natierlech och d'Frontalieren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Ministesch, erlaabt Der, datt den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Natierlech.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Madamm Ministesch. Ech hunn Iech ganz gutt nogelauschert. Natierlech ass et esou, dass eis aktuell Gesetzgebung eng aner Besteuerung vu Capital mobilier virgesäit, wéi dat bei de Salären de Fall ass. Mee souwäit wéi ech dat verstanen hunn, bis elo kënnen d'Gesetzer geännert ginn!

An eist Ustriewes war jo net fir ze héieren, dass mer eng Gesetzgebung hunn, déi eis wuelbekannt ass, mee eist Uleies war, dass mer eng Kéier eng seriö Diskussioun do féieren, dass mer Aarbecht a Kapital d'nämmlecht besteieren. An dat huet näischt mat Kompetitivitéit ze dinn, mee dat huet eppes mat Gerechtegkeet ze dinn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Also, d'Zuel vun den Entreprises an d'Zuel vun de Steuerbezueler mateneen ze vergläichen, mengen ech, ergëtt kee Sënn. Genauso wéineg Sënn mécht et,



mateneen ze vergläichen, wat si zesummen u Steiere bezuelen. Mee bon, ech mengen, mir sinn hei, fir mateneen ze schwätzen an deen Debat ze féieren.

Dat géif mech dann, wann Der erlaabt, op deen zweete Volet féieren: de Logement. An ech si frou ze héieren, dass et e grousser partiwwergräifende Konsens gëtt, fir iwwert d'Reform vun der Grondsteuer an d'Aféierung vun enger Leerstandssteuer ze schwätzen.

An ech si frou, Iech kënnen och ze confirméieren, dass d'Aarbechten dorunner ganz gutt ennerwee sinn. Dës Reform, mengen ech, do si mer eis allegueren eens, ass absolutt iwwerfällg, zum engen, well eis Grondsteuer haut op engem Modell baséiert, deen 1941 als Referenzdatum hëlt. Mat der Reform wäert d'Grondsteuer, déi weider eng kommunal Steuer bleift, eng zäitgeméis Basis an en transparenter Berechnungsmodus kréien.

Op dësem neie Gerüst wäerte mer dann och eng national Spekulationssteuer aféieren, fir Proprietären net weider ze encouragéieren, Terrainen, déi kéinte bebaut ginn, einfach broochleien ze loossen.

Zousätzlech kënnt och eng national Leerstandssteuer op Haiser an Appartemenen, déi eidel stoe gelooss ginn. Esou wéi de Premier dat och am État de la nation ugekënnegt huet, wäert dee Projet no der Rentree kënne virgestallt an op den Instanzewe bruecht ginn. Ech géif Iech dofir bieden, och Verständnis derfir ze hunn, dass ech op dee Sujet hei och aus Zäitgrënn elo net am Detail aginn.

Een anere Punkt, deen an der Motioun vun de Majoritéitsparteien ugeschwat gëtt an deen heibannen, esou wéi ech dat, mengen ech, verstanen hunn, och grouss Zoustëmmung fënnt, dat ass dee vum Amortissement accélééré. Dëse Mechanismus ass d'lescht Joer scho manner attraktiv gemaach ginn. Déi Adjustementer sinn, menger Meinung no, och an déi richteg Richtung gaangen. Mee opgrond vun der aktueller Präisentwécklung deelen ech d'Meenung, dass mer d'Schrauf hei nach weider unzéie kënnen.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Et sinn och Mesurë proposéiert ginn, déi en Impakt op d'Demande hunn. Wat mir awer brauchen, mengen ech, si Mesuren, déi d'Offer stimuléieren.

Mee generell wëll ech och ennersträichen, dass de Problem natierlech vun der Präisdeierecht am Logement net eleng kann duerch Steiere geléist ginn. Mir brauchen och, wéi gesot, eng méi grouss Offer virun allem vun abordablem Wunraum, eppes, wourunner d'Regierung ganz intensiv schafft.

Ech kommen da gären op deen drëtten Volet, d'Compétitivité économique, wou och ganz vill de Moien an de Mëtteg driwwer geschwat ginn ass. An esou, wéi ech a menger Introductioun och drop higewisen hunn: Lëtzebuerg muss international attraktiv bleiwen. Ech mengen, do si mer eis wierklech heibannen eens.

Dëst Thema hänkt dofir och mat deenen zwee vu virun zesummen. Eis Entreprise brauche gutt Matarbechter, déi gutt verdéngen, genuch Netto vum Brutto iwwer hunn a sech eng uerdentlech Wunneng och da leeschte kënnen.

Am Ëmgedréite brauch dëst Land eng staark Wirtschaft mat erfollegräichen Entrepreneuren, déi nei a sécher Aarbechtsplaz schaffen, gutt Paien an zouverlässeg Steiere bezuelen. De Schlëssel fir de Succès vun eiser Wirtschaft an deenen nächste Joren ass et, déi richteg Talenter ze fannen a si dann och ze fideliséieren.

Ech freeë mech dofir, dass an der Motioun vun de Majoritéitspartei kloe gefrot gëtt, d'Entrepreneuren

deem Wee mat steierleche Mesuren och weider kënnen ze ennerstëtzen.

Ech hu meng Servicer och virun e puer Méint schonn ugestallt, de Régime des impatriés an och de Regime vun der Prime participative, déi d'lescht Joer agefouert gouf, op de Leescht ze huelen. Op Basis dann och vun den Erfarungen, déi um Terrain gesammelt goufen, kucke mer, wéi ee se nach méi attraktiv maachen.

Wat am Rapport och ugeschwat gëtt, an et ass de Mëtteg och ugeschwat ginn, ass d'Fro vun der Kompetitivitéit vu Lëtzebuerg mat Hibleck och op déi nei international Steuerreegelen. Mir kréien e Level-Playingfield um Niveau vun der OCDE. Déi selwecht Reegelen gëllen dann iwwerall an och fir jiddwereen.

D'Kompetitivitéit hänkt awer net eleng vun der Fiskalitéit of. Lëtzebuerg huet vill aner Virdeeler als Standuert. Haut ass et schwéier virauszugesinn, wéi Firmen, an och déi aner Länner, reagéieren op déi nei international Reegelen, wa si da bis a Kraaft trieden. D'Estimatiounen vun den Etüden, déi gi jo do e bëssen ausereen.

Dass déi Reform awer kënnt, dat ass scho méi laang bekannt. De Fait, dass nawell zum Beispill och am Kader vum Brexit vill Entrepreneuren de Choix vu Lëtzebuerg awer gemaach hunn, weist, dass si sech keng Suerge maachen, dass Lëtzebuerg kéint onattraktiv ginn an dësem neien Ëmfeld.

D'Entrepreneuren, déi op Lëtzebuerg komm sinn, hunn dat och gemaach, well si appreciéieren, dass et bei eis, anescht wéi op anere Plazen da vläicht, Previsibilitéit an och Stabilitéit gëtt.

An deem Sënn halen ech och elo manner vun der Iddi, fir vun engem Dag op deen aneren eng speziell Steuer anzeféieren, fir Entrepreneuren, déi besser duerch d'Krisen oder duerch d'Pandemie komm si wéi anerer oder elo vun enger aktueller Situatioun éischter profitéieren, ze besteieren.

Iwwerengs gëtt et och kaum e Land, wou esou eng Steuer effektiv agefouert gi wär. Virun allem schéngt mer esou eng speziell Steuer awer och dofir onnéideg, well et schonn haut an eisem System esou ass, dass eng Firma, déi méi Benefisser mécht, souwiesou scho méi Steiere bezilt wéi eng, déi keng oder déi manner Benefisser mécht.

Zu engem kompetitiven Ëmfeld gehéiert och eng proaktiv an eng effikass Steierverwaltung, déi e gudder Service au client offréiert. Ech kommen herno nach op dee Punkt gären zrëck.

E leschte Punkt zu dësem Thema, a verschidden Deputéiert hunn et och richtegerweis ennerstrach: Wa mer zu Lëtzebuerg vu Compétitivité économique schwätzen, da sollte mer och vun der Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz schwätzen, well et ass si, déi dee gréisste Steierzueler ass bannent eiser Économie. Dat hunn d'Zuele vum Rapport och nees ennerstrach.

Dat muss een elo net gutt fannen, mee dat ass awer d'Realitéit. A geneesou ass et eng Realitéit, dass mer grad och an deem Beräich a Konkurrenz mat anere Finanzplaz stinn, déi eis och keng Kaddoe maachen.

Ech sot et virun: D'Fiskalitéit ass net deen eenzege Facteur vun eiser Kompetitivitéit, mee si ass awer e wichtegen Deel vun der Equatioun fir all Betrib, och am Finanzsecteur, deen iwwerleet, ob e sech soll zu Lëtzebuerg oder eeben op enger anerer Plaz néierloossen. Mir müssen also drop uechten, international kompetitiv ze bleiwen.

D'Économie vu muer wäert net déi selwecht si wéi déi vun haut. Dat wësse mer och. Si wäert méi digital sinn a se muss méi nohaltig sinn. Dofir muss mer

och Instrumenter en place setzen, fir eis Entrepreneuren, souwuel déi grouss wéi och a grad vläicht déi Kleng- a Mëttelbetriber, um Wee vun dëser duebeler Transitioun kënnen ze ennerstëtzen. A virun allem muss mer och déi jonk weider encouragéieren, sech eegestänneg ze maachen a Betriber ze grënnen.

Dofir sinn ech och ganz domat averstanen, dass mer grad d'Startuppe sollen nach méi ennerstëtzen. Ech wëll awer och hei drop hiweisen, dass d'Fiskalitéit eent, mee net dat eenzeg méiglecht Instrument ass, fir dat kënnen ze maachen.

Ech kommen dann op de véierte Volet: den Développement durable.

Déi lescht Méint, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, hu gewisen, wéi wichteg et ass fir eist Land a fir ganz Europa natierlech, Alternativen zur fossilleren nukleärer Energie opzebauen. Déi nei TVA-Direktiv vum Abrëll vun dësem Joer bitt de Länner méi Flexibilitéit, fir reduziéiert Tauxen op verschidde Produiten a Servicer kënnen ze applizéieren.

Esou wéi dat an der Motioun dann och vun der Majoritéit gefrot gëtt, schéngt et mer sënnvoll, an deenen nächste Méint déi eng oder déi aner Mesure op de Wee ze bréngen, fir vun dëser neier Flexibilitéit kënnen ze profitéieren, fir d'Energietransitioun weider ze ennerstëtzen. Ech denken do virun allem un d'Méiglechkeet, d'TVA op Solarpanels erofzesetzen, fir d'Stëit an d'Entrepreneuren dann och ze encouragéieren, nei Anlagen op hiren Diecher ze installéieren.

Ech mengen, dëst ass och, wann ech richteg verstanen hunn, vun e puer Deputéierte mentionéiert ginn a fënnt och d'Zoustëmmung, well dëst ass wierklech, mengen ech, eng Win-win-Situatioun, well mir als Staat domadder méi onofhängeg vun Energie aus dem Ausland ginn, dem Klima gehollef gëtt, eis Handwerksbetriber och vun neien Opträg da kéinte profitéieren an et sech fir d'Leit respektiv och fir d'Entrepreneuren iwwert d'Zäit och finanziell rechnet.

Am selwechte Sënn kann ech och d'Iddi, d'TVA op de Reparaturen vun elektreschen Apparater erofzesetzen, fir op deem Wee eeben d'Économie circulaire och ze féerden, nëmme guttheeschen.

Ech kommen dann, wann Der erlaabt, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, zu mengem leschte Punkt, der Digitalisatioun an der Modernisatioun vun eiser Steierverwaltung. Dat ass e Chantier, dee mäi Virgänger scho lancéiert hat am Aklang och mam Regierungsprogramm, an deen och fir mech vun Ufank un, dat heescht vu Januar un, ganz uewen op menger Agenda stoung.

D'Steierverwaltung ass eng vun deene gréisste Verwaltungen am Land. Si ass op 24 Sitte mat méi wéi 900 Agenten. Si ass och eng vun deene wichtegsten, well si fir e groussen Deel, wéi Der allegueren wësst, vun de Recetten zoustänneg ass. D'Ziel vun hire sougenannte Clienten, also de Steierzueler, an domadder vun den Dossierer, awer och d'Komplexitéit vun der Matière huet iwwert déi lescht Joerzëngte progressiv zougeholl, ouni dass d'Entwécklung vun der Administratioun mat dëser Evolutioun ëmmer hätt kënne Schratt halen.

Ech wëll dofir vun dëser Plaz aus der Direktioun an alle Matarbechter vun der Administration des contributions directes, der ACD, wierklech mäi Merci ausdrécke fir hiren Engagement a fir hiren Asaz. Dee selwechte Merci gëllt d'ailleurs och deenen aneren zwou Steierverwaltungen, dem Enregistrement an der Douane, déi och eng ganz exzellente Aarbecht maachen.

Fir op d'ACD zrëckzekommen: Säit 2014 goufen d'Effektiver vun dëser Verwaltung schonn ëm ronn 290

Unitéiten eropgesat. An deenen nächste Joren, ech mengen, dat wësst Der och, wäerte weider 500 Leit derbäikommen.

De Pierre Gramegna hat, zesumme mat der Direction, e Projet lancéiert, fir ze kucken, wéi een de Fonctionnement vun der Verwaltung nach weider verbessere kéint. Dorunner gouf an deene leschten zwee Joer ganz vill geschafft. An, ech kann Iech dat och soen, an deene leschte Wochen a Méint, säit deem ech elo hei ka matschaffen, ass och ganz, ganz intensiv doru geschafft ginn.

An ech si frou, fir Iech e puer konkreet Mesurë kënnen matzedeele, déi elo festgehalen goufen an déi mer wëlle progressiv ëmsetzen.

D'Steierverwaltung kritt en neie Siège, wou à terme dann och all d'Servicer, déi haut a verschiddenen an oft effektiv vereelt Gebaier an der Stad verspreet sinn, wäerten zesummekommen. De Regierungsrat huet d'lescht Woch dofir e Site um Boulevard Kennedy um Kierchbiereg festgehalen.

Iwwert déi lescht Jore sinn a puncto Digitalisatioun schonn eng ganz Rei Saache geschitt. Ech denke virun allem un déi digital Steuererklärung fir d'Entreprises, déi säit dem Steuerjoer 2017 obligatoresch ass, un déi elektronesch pluriannuell Steuerkaarten an déi digital Steuererklärung fir d'Personnes physiques, déi dëst Joer agefouert ginn ass.

Mee elo gëtt et Zäit, eng Schëpp bäizeleeën. An deem Sënn hunn d'ACD an de CTIE, de Centre des technologies de l'information de l'État, d'lescht Woch eng Roadmap festgehalen mat ronn 50 konkreete Projeten, déi iwwert déi nächst Jore wäerten ëmgesat ginn.

Ech wëll och op dëser Plaz wierklech ausdrécklech dem Digitalisationsminister, dem Marc Hansen, a senger ganzer Ekipp och Merci soen, déi eis op dësem Wee mat begleet hunn a mat deene mer d'Digitalisatioun vun der Steierverwaltung konsequent wäerte weiderféieren, well dat ass fir eist Land extrem wichteg.

Digitalisatioun eleng geet awer net duer, wann een net och un aner Stellschrauwe geet. Meng Servicer sinn dofir amgaangen, un engem Package ze schaffen, mat enger Rei Mesuren, déi och weider dem Steuerzueler d'Liewe méi einfach maache sollen. Zum Beispill e méi laangen Delai fir den Depot vun der Steuererklärung, dee mer op den 31. Dezember réckele wäerten. An ech mengen, do komme mer och de Steuerzueler entgéint, wann déi méi e laangen Delai hunn.

Ech wär ganz frou, fir am Detail nach méi op déi Mesuren anzugee bei der Rentrée, wann Der et erlaabt, wann ech da kann an d'Cofibu, d'zoustänneg Chamberskommission kommen, zesumme mat der Direction vun der Steierverwaltung, fir dës Mesuren dann och e bësse méi am Detail mat hir zesummen ze elaboréieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech kommen zu menger Konklusioun.

Ech hunn den Debat an Iech alleguerten de Moien an de Mëtteg ganz gutt nogelauschert. Et ware vill ganz gutt Iddien a ganz gutt Iwwerleeungen derbäi.

Ech verstinn d'Suerge vun den Entreprises, déi d'Entwécklung vun der Weltwirtschaft ganz no suivéieren. Ech verstinn och d'Suerge virun allem vun deene Leit, och deene jonke Leit an och de Familjen, jonke Familjen an och deenen Elengerzéierenden, déi an der aktueller Situatioun Problemer hunn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. D'Kafkraaft grad vun deene méi sozial schwache Stéit ass e Sujet, dee mir och ganz no um Häerz läit. Do, wou néideg, sinn ech och

weider an Zukunft derfir, geziilt nei Mesuren ze huelen.

Mee d'Steierpolitik kann a soll net alles maachen. Dofir soll een d'Steiermesuren ni eleng, mee ëmmer zesumme mat deene soziale Mesuren an Hëllef kucken, déi en place sinn an zu Lëtzebuerg mat zu deene generéierten op der Welt zielen. An ech mengen, och dat soll een an dësem Debat net vergiessen.

Mir müssen awer realistesch sinn: Et ass net alles méiglech. Och wann heibannen extrem vill gutt Iddien op den Dësch bruecht gi sinn, et kann een net alles maachen. An et kann een och net alles an dann och säi Géigendeel fuerderen: breedflächeg Steuererleichterungen, zur selwechter Zäit héich Investissementer an zur selwechter Zäit niddreg Scholden. Dat geet einfach net!

Ech zitieren dann och, wat de Moie gesot ginn ass: „D'Politik fänkt mat der Betruachtung vun der Wirklichkeit un.“ Ech sinn do ganz mat deem Zitat d'accord.

An ech verst verschidde vun de Fuerderungen, mee als Finanzministesch muss ech awer eng méi responsabel Approche huelen. A genau dat wäert ech och maachen. Dofir wäert d'Regierung selbstverständlech och weider kucken, wat machbar ass. Ech a mir maache Politik am Interêt vum Land, senge Biergerinnen a senge Bierger an och sengen Entreprises.

Mee kuerzfristeg sinn déi Pisten, déi an der Motioun vun der Majoritéit opgewise ginn, e realistesch an och equilibriéiert Package. Et ass e verstännege Kompromiss zwëschen deem, wat wünschenswäert ass, an deem, wat an der aktueller Situatioun, déi mer och alleguerte ganz gutt kennen, méiglech ass.

Si sinn och e konkreete Bäitrag dozou, eis Gesellschaft an dësen trotzdeem schwierigen Zäiten erëm méi no zesummenzeféieren, an dat vun deene Jonke bis iwwert d'Alterséchelle eraus och fir déi eeler Matbierger, mee och fir eiser Wirtschaft déi néideg Perspektiven ze ginn, fir gestärkt aus der Kris erauszekommen, fir dass si och an Zukunft Aarbechtsplaz schaffen an hir Steiere bezuele kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech e ganz grouse Merci fir Äert Nolauschteren a wierklech fir dee ganz konstruktive Debat, deen haut hei iwwert d'Steiere stattfonnt huet. Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. Parole après ministre fir den Här Dan Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här President. Nach eng Kéier, Madamm Minister, Dir hutt, mengen ech, hei an enger exzellenter Ried d'Prioritéit vun der Regierung nach eng Kéier duergeluecht an och dat, a wéi eng Richtung dass dës Koalitioun an deenen nächste Wochen a Méint wäert zesummeschaffen. An ech kann Iech derfir néme felicitéieren.

Erlaabt mer awer och trotzdem, nach op eppes anzugeen: d'Theema Übergewinnbesteuerung. Dir hutt gesot, et wär kee Land, wat géif an déi dote Richtung goen. Dat ass faktesch falsch. Et sinn eng Rei Länner an der EU, déi dat maachen. An et gëtt och eng kloer Uweisung vun der EU-Kommission zënter Juni, März, Mee, nee Juni, loosst mech net festleeën, wou se de Länner ausdrécklech déi Méiglechkeet zugesteet. Ech wollt dat just eng Kéier preziséieren.

Et ass also näischt, wat elo iergendengem op eemol wéi e Fuerz an de Kapp komm wär. Dat ass eng ganz konkreet Virstellung, wéi een an nächster Zukunft kann drop reagéieren, dass et grouss Betriber, grouss

Konzerner gëtt, déi weinst der Kris vill, vill méi Suen hu wéi virun.

Ech hat viru gesot, et si selbstverständlech déi grouss Energiebetriber, mee et sinn och aner. Notamment sinn et dann d'Rüstungsbetriber, an de Moien hate mer en anert Beispill: Amazon etc., etc., an ech ginn dovun aus, dass déi net géife futtgoen, wa se géife méi Steiere bezuelen, wéi dat am Moment de Fall ass, während enger gewëssener Zäit, fir Solidaritéit ze üben.

Merci!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kersch.

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Merci, Här Kersch. Ech mengen, dat war elo keng Fro u mech. J'en prends acte a soen dann nach eng Kéier Merci fir déi vill exzellente Iddien, déi hei waren. An ech mengen, dësen Debat, dee muss och weidergefouert ginn. Villmools merci!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Ministesch.

**Motions**

Mir kënnen dës Debatt awer net ofschléissen, ouni datt mer iwwert déi zwou Motiounen befannen.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Här André Bauler deponéiert ginn ass am Numm vun der Majoritéitspartei. Wëllt nach een dozou d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Ech wëll dësen Debat och net onnëtz verlängeren. Erlaabt mer awer just ze soen, dass et sécherlech net u mir ass nach vläicht un eiser Fraktioun, fir d'Konklusiounen vun dësem Debat ze zéien. Ech wëll awer soen, dass mer agreabel iwwerrascht waren, dass vill ganz konkreet Propositionen komm si vun iwwregens alle Fraktiounen hei am Haus.

An d'Leit dobaussen, d'Biergerinnen an d'Bierger, gesinn och, dass déi Deputéierten, déi hei sinn, schaffen an dass se sech konkreet mat engem Sujet ofginn. Jo, jo, dat soll een och eng Kéier soen! An et huet ee virun allem gesinn, dass et e kloer Positionnement gëtt zu ville wichtige Froen, deen natierlech ënnerschiddlech ass, deen zum Deel och vläicht ideologesch e bësse gefierft ass. Mee dat respektéiere mir als CSV.

Fir eis ass et wichteg als Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei vun der Mëtt, dass mir equilibriéiert Positionen ...

(Brouhaha)

... duergeluecht hunn. A fir eis sinn alleguerten déi Positionen ënnert dem Motto: Schaffe muss sech lounen, grad an dëser Zäit!

Zu der Motioun. Do wësst Der, dass mer, bon, d'Consideranten, dat heescht de Preamble, do si mer net mat allem d'accord, gesinn dat och e bëssen als e Persil-schäin fir d'Regierung.

Wat allerdéngs d'Invitten ubelaangt, dat heescht den Dispositif vun der Motioun, do hu mir, mengen ech, zu deem ganz grouse Gros vun deene Punkten, déi opgeworf gi sinn, och de Moien an de Mëtten duerch den Här Mosar kloer d'Positionen vun der CSV duergeluecht.

Woumat mer e Problem hunn, dat ass, dass dat ass d'demokratescht Spill, an eiser Siicht ze oft no enger Logik 31/29 fonctionéiert. An aus deem Grond wëlle mir och e kloer Zeeche setzen, dass mir déi Funktionsweis net ëmmer appreciéieren. A mir wëlle mat dem gudde Beispill virgoen.



A mir wäerten als Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei duerfir dës Motioun matdroen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth. Dann huet den Här Roy Reding d'Wuert gefrot.

**M. Roy Reding** (ADR) | Merci, Här President. Ganz kuerz. Ech wäert menge Kollege recommandéieren, déi Motioun hei net matzestëmmen. Et ass mir ze vill „étudier“, „évaluer“, „analyser“, „examiner“ an esou weider an eigentlech kee Fleisch um Knachen. Besonders keng vun deene wichtige Mesuren, déi aus sozialen Ursachen an eisen Aen elo bluttnoutwendeg wieren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Reding. An da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Also ech soen, mir gesinn déi heite Motioun e wéineg ewéi eng Farce. Et ...

**Une voix** | Oho!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | ... liest ee se an et gesäit een, dass et kee Konsens tëscht de Majoritéitspartei gëtt. Well dat Eenzege, wat dobäi erauskënnt, ass „examiner“, „suivre de près“, „évaluer“, „analyser“ an esou virun, „étudier“; ech mengen, Dir hat Schwierigkeiten, nach aner Wieder ze fannen zum Schluss.

Bref, mir kënnen just soen: Dir hat elo jorelaang Zäit, fir Pisten opzebréngen. D'ailleurs sinn d'Pisten all um Dësch. An hei goufen der vill genannt haut. Ech kann Iech souguer, wann Der wëllt, aus Ärem Koalitionsprogramm der e puer nennen, wann Der der braucht, well do sinn der eng Rei dran. Zum Beispill: „l'introduction d'un barème d'impôt unique“, fir dann „l'examen des pistes de simplifier et moderniser“. Also, Dir hutt Är Pisten. Déi sinn do. Ech mengen, Dir musst net nach weider no Piste sichen. Si sinn all do.

Dofir, mir sinn net averstanen, dass Der nach musst weider sichen a suivéieren an evaluéieren. Et gëtt wierklech alles. Et ass alles um Dësch.

Mir sinn der Meinung, dass et elo un der Zäit ass, ze handelen.

*(Coups de cloche de la présidence)*

Et ass elo d'Zäit, Moosnamen ze ergräifen. An et geet einfach duer. Et ass alles um Dësch. An ech mengen, et muss een einfach de Courage iergendwann eng Kéier huelen an eppes ëmsetzen. A wéi gesot, an Ärem Koalitionsprogramm steet genuch dran.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An dann ass et um honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci der Majoritéit fir déi Motioun. Mir wäerte se och net matzestëmmen, well mer e bëssen eng aner Vue hunn op de Steiersystem. Mir sinn eeben der Meinung, dass d'Kapital méi misst besteiert ginn, awer dofir d'Aarbecht manner. An dat fanne mer an dëser Motioun nun emol net erëm. Mir hunn dat laang erkläert virduen.

A wat e bësse stéiert, wou Dir schreift „des prix de l'énergie“. Mir sinn der Meinung, mir missten aus dem Tanktourismus erauskammen. Et geet net, dass mer elo do nach steuerlech Virdeeler weiderhin hei oprechterhalen. Soudass mer dat haut net kënnen matzestëmmen.

An d'DP huet virdu gesot: „Et ware schwiereg Jore fir d'Regierung“. Do ginn ech Iech vollkommene Recht. Mee et waren och schwiereg Jore fir de Bierger, an och dee misst esou lues dann e Retour kréien, well och deen huet gelescht. An alles, wat d'Regierung elo u Geld konnt verdeelen, war eigentlech, well de Bierger dat erwirtschaft huet. An et wär elo de Moment gewiescht, wou een hätt kënnen zrëckkommen.

An Dir schreift hei: „le pouvoir d'achat des familles monoparentales“. Bon, eis geet dat net wäit genuch. Dir wësst ganz kloer, mir hätte gären d'Wittfraen ..., dass déi entlaascht géife ginn, sou wéi déi Elengerzéiend, dass déi och kloer entlaascht ginn an an eng aner Steierklass kommen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Ech mengen, da kënnen mer zum Vott vun der Motioun Nummer 1 kommen.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 1 ass mat 52 Jo-Stëmme géint 7 Nee-Stëmme ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Max Hahn), Claude Lamberty et Mme Lydia Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. François Benoy), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Djuna Bernard).*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*M. Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

**Motion 2**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2, déi vun der ADR-Sensibilitéit deposéiert ginn ass. Da ginn ech nach eng Kéier d'Wuert un den Här Roy Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo. Merci, Här President. Just ganz, ganz kuerz. Eng Prezisioun: D'Madamm Finanzminister huet gemengt, d'Mindestlounempfänger géife souwiso keng Steiere bezuelen. Ech wollt dat awer redresséieren. Et gëtt e ganz flotte Site fir Ex-pats, justarrived.lu, déi hunn eng Steiercalculatrice. Also, wann ech den onqualifizéierte Mindestloun verdéngen, hunn ech 27.760,56 Euro am Joer a bezuelen domat an der Steierklass 1 878 Euro netto. Brutto wieren et der 1.381. Mee da kënnt jo de Crédit d'impôt erof vu 600.

Wouer ass: An der Kategorie 1a an 2 bezuelen ech näischt.

Bei deene mam qualifizéierte Mindestloun, déi bezuelen an der Kategorie 1 1.862 Euro Steieren netto. An an der 1a ëmmer nach 368 Euro. An nëmmen an der Kategorie 2 ass et effektiv näischt.

Duerfir denken ech, ass eis Motioun total gerechtfertegt an et wär dee richteg Schrëtt, e kleng Schrëtt, mee e wichtige Schrëtt an déi richteg Richtung.

Merci.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Reding. Dann huet den Här Marc Goergen d'Wuert gefrot.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Wéi d'lescht Woch och schonn, wéi déi Motioun erakomm, wäerte mir dat haut matzestëmmen, well et ass ganz einfach esou: Ee mam Mindestloun bezilt Steieren. De Sven huet dat schonn oft hei virgerechent. An et sinn nu mol ..., Dir hutt virduen iergendwou an Ärer Ried, ech hat mer et opgeschriwwen, erwänt, dass am Ausland mer deelweis als räich ugesi ginn. Mee et muss een awer och kucken, wat een domadder ka kafen hei zu Lëtzebuerg. Kuckt een, wou den Aarmutsrisiko hei zu Lëtzebuerg läit, da kënnt ee mam Mindestloun net méi aus.

An dat ass ee vun de Problemer. Wann dann de Staat nach higee an en hält deene Leit awer och nach Suen iwwert d'Steieren ewech, dann hëllef mer deenen net. An et wär besser, mer géifen dat bei deene ganz Groussen huelen, wéi virdu bei Amazon, an net do op d'Gericht goen, dass déi näischt bezuelen. An dofir awer dem Mindestlounempfänger seng puer Euro loossen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Da ginn ech d'Wuert un den Här Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här President. Wann den Här Reding virduen der Meinung war, an der Motioun vun der Majoritéit do wär kee Fleisch um Knachen, da kann ech soen: Dat stëmmt net fir Är Motioun! An ech soen Iech wierklech Merci och, dass Der dës Motioun hei presentéiert hutt. Well et ass effektiv en décken Hond. An den décken Hond ass net onbedéngt an deem éischten Hallefsaz ze liesen, wou Der e Fräikomme vum Mindestloun vun der Steuerlaascht u sech frot. Do waren der vill, déi sech hei an déi Richtung ausgedréckt hunn. Mee en ass an deem zweeten Hallefsaz dran. Deen iwwregens sech och ganz differenzéiert par rapport zu där Resolution oder där Motioun, déi Der d'leschte Kéier hei am Kader vun engem aneren Debat virgestallt hutt, liest. Hei steet nämlech dran, dat dierft keng Inzidenz hunn op d'Steierkreditte. An et ass genau do, wou den Hond läit.

Wann een dat nämlech mécht, da muss een dat duerch de ganze Steuerbarème zéien. An dat géif – dat hate mer an der Kommissioun festgehalten an ech mengen, d'Madamm Finanzminister hat dee Chiffer och eng Kéier gesot oder den Här Bauler hat en de Moie gesot – 1,8 Milliarden Euro kaschten.

Wien am meeschte vun deenen 1,8 Milliounen géif profitéieren ...

**Plusieurs voix** | Milliarden!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | ... Milliarden, géif profitéieren, dat brauch ech Iech hei net ze soen. Do géife fir d'Mindestlounbezéier d'Grimmelen iwwreg bleiwen a fir déi, déi an deenen allerhéchsten Akommeskategorien sinn, dee groussen Deel offalen. Dat ass eng Optioun, déi mir op kee Fall kënnen deelen. An dofir proposéieren ech och, dass mer dat heiten net matzestëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech hoffen, dass och den Här Goergen dat elo gemierkt huet a sech net ..., well wann en u sech konsequent ass mat deem, wat en elo déi ganz Zäit hei gesot huet, da kann en net fir déi Motioun hei stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kersch. An dann huet den Här Gilles Baum d'Wuert gefrot.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci. Mir hate jo déi Motioun schon eng Kéier um Ordre du jour hei. An effektiv ass et esou, dass fir den onqualifizéierte Mindestloun an der Steuerklasse 1 Steieren ze bezuele sinn. A fir de qualifizéierten och. Dat heescht, an der 1a an an der 2 si keng Steieren ze bezuelen. An d'Steierlaascht läit bei 4 %. Dat heescht: Wann een elo seet, der Chamber e Projet virzeleeën, fir de Mindestloun integral vun der Akommessteuer ze befreien, dann ass dat jo zum Deel net richtig, well jo schon en Deel vun deene Leit, déi de Mindestloun kréien an der Steuerklasse 2 an an der 1a, keng Steiere bezuelen. Also ass ... De Wording hei ass net ganz korrekt. An dofir géif ech menger Fraktioun proposéieren, déi Motioun hei net matzedroen.

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum. An da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir droen dat heiten och net mat, well mir hunn do eng aner Approche. Mir sinn derfir, dass de Mindestloun gehéicht gëtt – substanziiell gehéicht gëtt! –, éischstens emol.

A mir mengen och net, dass een et sollt steierfräi maachen, well mir mengen, dass jiddweree soll d'Recht hunn, Steieren ze bezuelen am Sënn, wou een, wann ee Steiere bezilt, och gebonnen ass un d'Allgemenggutt. Et mécht een dat jo och, fir Deel ze si vun engem grouse Ganzen.

Also, mir mengen net, dass ee keng Steiere soll bezuelen, well ee soss herno riskéiert, ausgeschloss ze ginn. Jo, et ass och e Lien, deen een huet. Dofir ass et wichteg, Steieren ze bezuelen.

Mee et soll natierlech ... De Mindestloun soll op jidde Fall gehéicht ginn, also konsequent gehéicht ginn, wéi mir et och schonn hei proposéiert hunn. Dofir droe mir dat heiten net mat.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. Dann nach eng Kéier den Här Reding.

**M. Roy Reding** (ADR) | Jo. Just ganz, ganz kuerz, fir Saache richtegstellen. Et geet hei net ëm de gesamte Steuerbarème. Et geet hei ganz speziell ëm d'Kategorie vum Mindestloun.

Dann, et gëtt, Här Baum, et gëtt ... Och an der Steuerklasse 1a bezilt ee Steiere beim qualifizéierte Mindestloun, fir och dat nach eng Kéier richtegstellen.

(Brouhaha)

An dat Drëtt ass: Wann Der d'accord sidd, et matzestëmmen, wa mer deen Hallefsaz ewechloossen „an dëst ouf final Inzidenz op d'Steierkreditter“, a mir beschränken eis drop ze soen: „de Mindestloun integral vun der Akommessteuer ze befreien“, da wäre mir duerchaus d'accord, dat esou ëmzeformuléieren, wann dat Iech dann hëllef, Ärem Häerz e Stouss ze ginn.

(Interruption)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Reding.

(Interruption)

Ech gesi keng Wuertmeldung. Den Här Gilles Roth, wannechgliff.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mir wollten eigentlech net intervenéieren, well mer dem Här Kersch seng Argumentatioun, déi mir de Moien nach am Numm vun der CSV gemaach ..., well mer déi deelen.

Mee wann awer elo sollt do Stopp sinn, dass een einfach seet, de Mindestloun soll vun der Akommessteuer befreit ginn, do hu mir kee Problem. Mir hate de Moien e Wee proposéiert, dass een dat duerch en degressive Steierkredit ..., well et ass net ganz vill, et ass an der Steuerklasse 1, wou et ufält, an der Steuerklasse 1a an an der Steuerklasse 2. Een, deen um netqualifizéierte Mindestloun schafft, ech mengen, dee bezilt keng Steiere méi. Mee wann e Punkt ass hannert „befreit“, da kënne mir dat matstëmmen. Dat ass och dat, wat mir de Moie gesot hunn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth. Da ginn ech d'Wuert erëm eng Kéier zrëck un den Här Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Fir eis ass dat net d'Léisung vum Problem. Ech hat de Moie gesot, mir géifen eis als Majoritéit hei net ausenanerdreiwe loosse. Mir hu virdrun d'Prioritéit vun der Regierung ganz kloer héieren. Et geschitt awer eppes, fir d'Leit ze entlaaschten, haaptsächlech déi an den ënneschten Akommeskategorien. An duerfir wäerte mir dës Motioun net matstëmmen, och wa mer eis Meinung zu där Thematik ganz kloer ausgedréckt hunn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott vun der Motioun kommen.

D'Ofstëmme fänkt un.

(Brouhaha)

**Plusieurs voix** | Här President ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Déi geännert, déi modifizéiert Versioun vun ..., wéi den Här Reding et virdru proposéiert huet.

**Vote sur la motion 2 modifiée**

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 27 Jo-Stëmme géint 32 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Octavie Modert), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knäff (par M. Max Hahn), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Djuna Bernard) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Domadder hu mer dës Punkt ofgeschloss.

## 5. 8000B – Projet de loi relative à une subvention de loyer

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëten ass de Projet de loi 8000B iwwer eng Loyeressubvention. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapporteuse vum deemem Projet de loi, déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission du Logement

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng), rapporteuse | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech stellen Iech haut e weidere Gesetzesprojet vir am Kader vun den Aiden, déi an der Tripartite decidéiert goufen, nämlech d'Erhéijung an d'Erweiderung vun der Subvention loyer. Et sollt bemierkt ginn, datt et am Ufank geplangt war, all d'Logementsmesuren am éischte Gesetzesprojet mat der Nummer 8000, zesumme mat deenen anere Mesuren, einfach ze transposéieren. Mee nom Avis vum Staatsrot huet déi speziell Tripartite-Kommissioun decidéiert, den initiale Projet an zwee Deeler opzedeelen mat den Nummern 8000A a B.

Dës Gesetzesprojet mat der Nummer 8000B, deen de Volet Logement ofdeckt, soll scho fir den 1. August 2022, dat heescht, dës Joer, all d'Adaptatiounen vun der Mietsubvention aféieren. Ursprénglech sollten dës Aiden am Reformprojet 7938 definéiert ginn. Duerch d'Tripartite gëtt dës Reform awer virgezunn an de Montant nach zousätzlech erhéicht.

Wat ännert sech elo konkret?

Ma de maximale Montant, zum Beispill, fir Stéit, déi aus enger Persoun bestinn, gëtt ëm 50 Euro de Mount erhéicht an allgemeng gëtt de Montant vun den Aidë fir déi Stéit, déi eligibel sinn natierlech, an der Moyenne ëm 50 % an d'Luucht gesat par rapport zu der aktueller Situatioun. De Montant gëtt dem Akommes – a sou dem Liewensstandard – ugepasst a Famille-monoparentale ginn och hei besser consideréiert.

De Plaffong vum Akommes, deen u sech maassgeeblech ass, fir kënnen Aiden ze kréien, gëtt erhéicht. An domadder erlaube mer u sech, datt méi Stéit Recht hunn op eng Subvention de loyer.

Ech wollt Iech awer natierlech och e konkret Beispill ausrechnen, well et ass meeschtens méi ..., kann ee sech dat bildlech méi einfach virstellen.

Ech hunn elo eng Koppel geholl mat engem Kand, wou d'Akommes am Joer, de Revenu annuel, bei ronn 55.000 Euro läit. Si hätte Recht op 320 Euro Subvention de Mount, fir hire Loyer ze bezuelen. Am ganze wieren dat op d'Joer gesi ronn 4.000 Euro.

Domadder ginn ech da kuerz op d'Aarbechte vun der Kommissioun an. Et ass interessant, dee ganze Volet ze gesinn, well et gesäit een, datt wierklech ganz schnell hei an der Chamber geschafft ginn ass an deem Kontext.

Den 29. Abrëll 2022 gouf an der Chamber de Gesetzesprojet 8000 deposéiert, deen déi verschidde Mesuren ëmsetze soll, déi am Tripartite-Accord vum 31. Mäerz virgesi waren.

Den 20. Mee huet de Staatsrot säin Avis zum Gesetz ausgeschwat an opgrond vun der Kritik vum Staatsrot gouf jo, wéi ech virdru gesot hunn, decidéiert, dat Ganz an zwee opzedeelen. D'Artikelen 1 bis 19 betreffend de Volet Logement sinn dann zu engem eegene Projet gi mat der Nummer 8000B.

De Gesetzesprojet gouf och vum Logementsminister der Logementskommissioun an der Sitzung vum 2. Juni virgestallt.



Mir kruten och e puer Avice vun de Beruffskummen, mee op déi kommen ech méi spéit nach eng Kéier zréck.

D'Logementskommissioun huet och den 10. Juni eng Rei vun Amendementen ugeholl.

Den 21. Juni krute mer den Avis complémentaire zum Gesetzesprojet an den 30. hu mer dat an der Logementskommissioun och analyséiert.

De 4. Juli kruten d'Membere vun der Logementskommissioun de Rapport geschéckt a mir konnten deen de 7. Juli formell an der Kommissioun unhuelen.

Elo méi am Detail, méi ausféierlech den Avis vum Staatsrot: A sengem Avis vum 20. Mee mécht de Staatsrot eng Rei vun Observatiounen an awer och eng Rei vun Opposition-formellen. De Staatsrot ass formell géint d'Définitioun vun enger „communauté domestique“, well hei wier et net kloer, ob den Demandeur selwer mat abegraff ass oder net. Geméiss dem Paragraf 3 vum Artikel 1 ass et un der Persoun, déi soss anzwoosch aneschtens wunnt, de Beweis ze liwweren, datt se net an där Wunneng ass, fir déi d'Mietsubventioun am Fong gefrot gëtt. Och hei huet de Staatsrot u sech Bedenken a si sinn am Fong dergéint, well et dem Prinzip vum Contradictoire widder-spricht.

Ausserdeem gesäit de Staatsrot keen objektive Grond, en Ënnerschied ze maachen zwëschen enger Persoun, déi e schréfflechen oder eeben e mündleche Mietvertrag ofgeschloss huet. Dofir, op Propos vum Staatsrot, hu mer am Text „par écrit“ einfach ewechgelooss.

A sengem Avis complémentaire vum 21. Juni mécht de Staatsrot nach eng weider Suggestioun, fir den Text ze verbesseren, fir datt en och méi kloer ass, nämlech datt „chacune des personnes“ sollt hei duerch „chacun des membres de la communauté domestique“ ersat ginn. An d'Logementskommissioun hëlt dat natierlech och esou un. Esou kann de Staatsrot schlussendlech all seng Opposition-formellen ophiewen.

Ech kommen dann zu den Avice vun de Beruffskummen.

Den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ass de 17. Mee komm. Déi sinn natierlech frou a begrëssen déi Subvention de loyer, déi erhéicht gëtt.

Den Avis vun der Chambre des Salariés ass de 17. Mee komm. An hirem Avis begrësse si och d'Erhéijung vun der Mietsubventioun a proposéieren u sech, datt de Montant sollt automatesch un d'Variatioun vun de Liewenskäschten ugepasst ginn. Si begrëssen och d'Erhéijung vun der Grenz vum Akommes, soudatt dee Moment méi Stéit eligibel sinn.

D'Chamber plädéiert ... also, d'Chambre des Salariés plädéiert fir eng Sensibilisatioun an eng Informationscampagne fir sécherzestellen, datt och alleguerten d'Stéit sech hire Rechter bewosst sinn.

Den Avis vun der Chambre de Commerce ass den 21. Mee (veuillez lire: den 31. Mee) komm. An hirem Avis begrëisst d'Chambre de Commerce och d'Adaptatioun vun der Mietsubventioun. Si hätt awer gären, datt d'Erweiterung an d'Eligibilitëitskonditiounen, déi erhéicht sinn, u sech just sollen eng temporaire Mesure bleiven. Firwat? Well si fäerten ..., also et gëtt e Risiko: Si fäerten, datt dat allgemeng dozou féiert, datt d'Loyeren um Marché erhéicht ginn.

Den Avis vun der Handelskummer ass de 25. Mee komm. An hirem Avis begrëisst d'Chambre de Commerce d'Ëmsetzung an d'Rechemethod, soudass

d'Subvention de loyer ..., an d'Handelskummer mécht sech allerdéngs och hei Gedanken, datt duerch d'Subventiounen u sech kéinten d'Loyeren allgemeng an d'Luucht gesat ginn.

Fir méi Detailler verweisen ech op dëser Plaz op mäi schréffleche Rapport.

Här President, ech kommen dann zum Schluss vu mengem Rapport. Dëse Projet de loi ass e wichteg Puzzlestéck vun all deene Gesetzer, déi eis hëllefen, eis Gesellschaft ze stäerken. Mir erreechen domadder grad déi Stéit, déi et am schwéiersten hunn, mee och besonnesch déi Leit, déi ganz oft e ganz héije Loyer musse bezuelen, déi awer och en niddregt Akommes hunn, well si sinn engem héijen Aarmutsrisiko ausgesetzt.

Déi Subvention de loyer wäert et ville Leit erméiglechen, sech eng würdeg Wunneng ze leeschten, a mir gräfen hinnen esou ënnert d'Äerm an erlaben hinnen, eng besser Liewensqualitéit op deem Wee ze hunn.

Den Impakt fir d'Leit ass net negligéabel. An der Moyenne, wéi ech scho virdru gesot hunn – mee et ass wichteg, dat nach eng Kéier ze betounen –, an der Moyenne gëtt d'Subvention de loyer ëm ronn 50 % eropgesat.

Fir Iech hei nach eng Kéier e konkret Beispill unzeginn: Mir si vun 155 Euro de Mount op ganzer 280 Euro de Mount eropgaangen. Dat wieren da ronn 3.400 Euro, ronn 2.000 Euro Ënnerschied par rapport zu der aktueller Situatioun. A grouss Famille kënnen souguer bis zu 400 Euro de Mount u Subventiounen kréien.

Dat gesot, sinn ech natierlech immens frou, am Numm vu menger grénger Fraktioun hei den Accord zu dësem Projet de loi ze ginn.

Zum Schluss erlaben ech mer awer och op dëser Plaz, e ganz spezielle Merci ze soen un d'Madamm Francine Cocard, déi deemnächst an hir wuelverdénge Pensioun wäert goen. Mee ech wëll awer wierklech och am Numm vun eiser Logementskommissioun Merci soe fir eng irreprochabel Aarbecht, fir eng diligent Aarbecht an einfach och fir dee Mënsch, deen hatt ass. Merci, merci villmools Francine!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng), rapportrice | Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Rapportrice Semiray Ahmedova.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Lies ageschriwwen. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Marc Lies** (CSV) | Jo, merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen och der Rapportrice, dem Semiray Ahmedova, e ganz, ganz décke Merci fir dësen detailléierten an ausféierleche Rapport.

Ech mengen, fir et direkt virewechzehuelen, d'CSV wäert dësen Text hei matstëmmen. Ech mengen, dat steet ausser Fro. Hei geet et ëm Hëllefen. Mir kennen d'Situatioun alleguerten, wéi se dobaussen ass, zemoos elo och mat där ganzer Kris, Energiekris, déi eis an deene leschte Méint da soi-disant iwwerfall huet.

Mir kennen awer och d'Problematik ronderëm de Wunnengsbau, wat näischt Neies ass a wou effektiv

iwwert déi lescht Joren ëmmer schonn driwwer debattéiert ginn ass.

Bon, ech mengen, d'Rapportrice huet et gesot, datt dësen Text hei eeben ervirgeet aus dem Projet de loi 7938, deen effektiv Enn leschtem Joer vum zoustännige Logementsminister deposéiert respektiv hei an der Chamber deposéiert ginn ass.

De Projet de loi 7938 huet awer dee Moment och nach eng aner Facette: Dat ass nämlech d'Reform vun dem 79er Gesetz iwwert d'Aide au logement.

Do ass den 7937, wat och een anert Element vun dëser Reform ass. Do wéilt ech vläicht nach zwee Wuert dozou soen, well eeben d'Problematik ronderëm de Wunnengsbau eis alleguerten extreem bewosst ass an eis awer och alleguerten extreem beschäftegt.

Do wéilt ech vläicht nach zwee Wuert dozou soen, well eeben d'Problematik ronderëm de Wunnengsbau eis alleguerten extreem bewosst ass an eis awer och alleguerten extreem beschäftegt.

Ech hunn et schonn e puermol an der Logementskommissioun gesot, datt et wichteg wär, datt mer dëse Sujet ronderëm dës Reform och in extenso an der Logementskommissioun sollen a mussen diskutéieren an och debattéieren. Virun e puer Wochen huet och de Syvicol en Avis zu dem 7937 ofginn, en Avis, dee sécherlech net extreem favorabel ass, wann et ëm d'Ëmsetzung vun dëser Proposition geet. An ech mengen, datt se och nach intensiv an deenen nächste Wochen a Méint diskutéieren, datt dee Moment och déi Iddien an déi Propose respektiv déi Kritik, déi do ugefouert ginn ass, kann an och soll a muss diskutéiert ginn.

Wann ech soen, datt all Gremium natierlech och säin Apport zu deem Ganze soll a muss droen, verweisen ech och op eng Proposition de loi, déi d'CSV d'lescht Joer gemaach huet. An ech hunn dem Här Benoy virdru ganz gutt nogelauschtert, och an der Steuerdebat, mengen ech, wou de Mëtten eng ganz Partie Proposen an Iddien op den Dësch komm sinn, wat och wichteg ass a wou och am Beräich vum Logement eng ganz Partie Pisten opgezeechent gi sinn. An do huet den Här Benoy, wat ech extreem begrëssen, och am Kader vun der Gestion locative sociale gesot, datt mer effektiv an deenen nächste Jore méi Efforten an deem Segment musse maachen.

D'Gestion locative sociale ass dat einfachst Segment, fir effektiv un erschwéngleche Wunnraum ze kommen, awer och fir géint de Leerstand virzegoen. An ech mengen, datt huet d'CSV zanter Jore propagéiert, a mat enger Proposition de loi, déi praktesch virun engem Joer hei gemaach ginn ass vun eiser Säit, ass e gewëssenen Incentif gesat.

An do widderspricht dat, wat den Här Benoy de Mëtte gesot huet, awer e bëssen deem, wat de Minister hei iwwert déi lescht Méint a Joren ëmmer gesot huet, datt effektiv dee privaten net soll an den erschwéngleche Wunnengsbau dee Moment mat eran integréiert ginn.

Här Benoy, Dir hutt dat de Mëtte gesot, datt effektiv de privaten ..., datt do effektiv och um steierleche Plang méi Efforte sollen an Zukunft gemaach ginn, wat mer absolut begrëssen. An duerfir, an deem Sënn, Här Benoy, géif ech Iech hei e bësse Lektür mat iwwert d'Summervakanz ginn, dat ass d'Proposition de loi 7856 vun der CSV vum Juli 2021. Do stinn nämlech effektiv Pisten dran, wéi een dat an Zukunft kéint ugoen.

An an deem Sënn soen ech Iech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren, ginn natierlech den Accord vun der

CSV-Fraktioun zu dësem Text a wënschen dem Här Benoy „bonne lecture“ iwwert de Summer. Merci.

(Hilarité)

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Lies. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. Dass mir iwwerhaupt e Wunngeld hei zu Lëtzebuerg brauchen, ass eigentlech bedauerlech. Ech mengen, do si mer eis eens. Mee ech mengen, wann et esou eng Diskrepanz gëtt tëscht Offer an Demande, da féiert dat derzou, dass d'Logementspräisser an d'Luucht ginn. A fir dat e bëssen ofgefiedere, notament fir déi Leit, déi eebe sozial net esou gutt gestiwelt sinn – an dat sinn awer ganz oft déi, déi Locataire sinn –, ass d'Wunngeld 2016 agefouert ginn.

Zanterhier hu mer déi eng oder déi aner Adaptatioun gemaach, ëmmer an déi selwecht Richtung. Dat heescht, mir hu probéiert, d'Montanten an d'Luucht ze setzen. Mir hu probéiert, de Krees vun deenen, déi eligibel sinn, an d'Luucht ze setzen. Dat maache mer och haut mat deem heite Gesetzestext. An doriwwer eraus gi mer och op déi speziell, a jo, ganz schwierig Situatioun vu ville Monoparentallen an.

D'Wunngeld selwer, fir Iech ee Beispill ze nennen, ass awer considerabel. Wann een zum Beispill elengerzéiend ass mat engem Kand, da kann een nom Vott vun deem heite Gesetzestext bis zu 320 Euro bei sengem Loyer gehollef kréien, a pro Kand kann dat dann nach an d'Luucht goe bis 400 Euro de Mount.

Et kann ee soen, dat sinn eigentlech vill Suen. Wann een awer op där anerer Säit ... ass eppes, wat eis allegueren ze denke soll ginn, an dat hu mer allkéiers, wa mer iwwert deenen heiten Text an der Chamber geschwat hunn, ëmmer erëm opgeworf a mir hunn déi richteg Léisung nach net fonnt: Dat ass nämlech de Krees vun deenen, déi tatsächlech vun där Mesure hei profitéieren.

Et muss ee wëssen, de Krees vun deenen, déi heivu kënnen profitéieren, do si mer bei zwee Drëttel vun all de Locataire he zu Lëtzebuerg, déi vum Wunngeld kënnen profitéieren. Dat waren 2021, also d'lescht Joer, 36.000 Stéit, déi konnte profitéieren. An elo haalt Iech un: Et sinn der just 7.000, also ronn e Fënneftel, déi heivu profitéiert hunn.

Dofir muss mer kucken, och nach un déi aner ze kommen. Well et si schwierig Zäiten a mir hunn déi lescht Deeg hei ganz vill iwwert d'Energiepräisser geschwat, déi an d'Luucht ginn, wat sécherlech och nach derzou wäert bäidroen, dass déi Leit, déi sozial eebe méi schlecht do stinn, och nach an Zukunft enorm Schwierigkeete wäerte kréien. An do ass eeben dat Wunngeld hei ganz gutt an dofir ass et jo och an den Tripartite-Accord mat agefloss.

Nichtsdestotrotz – an dat vläicht eng Fro oder e Wunsch un de Minister, mee ech mengen, hie weess et, well hie war derbäi, wéi dat Gesetz hei gestëmmt ginn ass, a senger Fonctioun deemools nach als Deputéierten an och, wéi mer déi éischt Adaptatioun gemaach hunn -: Mir müssen och un déi Leit kommen. Et ass driwwer geschwat ginn: Mir müssen an d'Office-sociale goen. Mir müssen an d'Gemenge goen, fir Reklamm ze maache respektiv fir un déi Leit erunzekommen. Mir müssen och un déi auslännesch Press erugeen, fir déi Leit do cibléiert ze erreechen.

Vläicht huet de Minister do déi eng oder aner Iddi, wat mer nach kënnen maachen, fir d'Leit ze erreechen, well déi Mesure hei, sou gutt wéi se och ass, a se

ass ganz gutt, wéi gesot, déi ka just hir voll Friichten droen, wa mer dann och allegueren d'Leit erreechen.

Dëst gesot, e ganz, ganz grouse Merci un d'Semiray Ahmedova fir hire ganz gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech géif da selbstverständlech och den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Hahn. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci. Ech kann et e bësse méi kuerz maachen, well de Rapport vun der Madamm Ahmedova war esou prezis an esou detailléiert, dass eigentlech alles gesot ass. Ech gi selbstverständlech den Accord vun der LSAP.

Mir sinn der fester Iwwerzeugung, dass et richtig ass, souwuel de Montant an d'Luucht ze schrauwe wéi och de Cercle des bénéficiaires méi grouss a méi breet ze maachen. An dat, wat den Här Hahn elo geschwat huet doriwwer, wéi mer d'Leit erreechen, déi wierklech kéinten an de Genoss komme vun där Subventioun an et vläicht emol guer net wëssen, dat ass eng Fro, déi eis jo allegueren, d'Majoritéit an Oppositioun, zënter dass mer déi Subventioun hunn, eigentlech beschäftegt. An do muss mer allegueren Efforte maachen, mir, awer och an de Gemengen an iwwerall.

An ier ech awer ophalen, wéilt ech dem Här Benoy soen, dass ech em awer wënschen, dass e méi spannend Lektür fënnt wéi Proposition-de-loien ze liesen iwwert de Summer. Haalt Iech déi fir den Hierscht. Si ass ganz interessant, mee haalt Iech se fir den Hierscht. De Summer ass do, fir sech och e bëssen ze erhuelen an net, fir nach weider Gesetzter ze liesen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. An da ginn ech d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An der Course ëm déi kierzte Ried, Här President, probéieren ech, mech elo gutt ze placéieren. Ech wollt der Madamm Ahmedova villmools Merci soe fir dee gudden Rapport.

Ech wëll just rappéléieren, dat hei kéint jo aus der Tripartite, datt d'ADR sech eigentlech fir den Indexsystem an där Form prononcéiert hat, wéi ee se ëmmer hat. Mee dat heite Gesetz huet trotzdeem eng ganz Rei vu wäertvolle sozialen Initiativen. An dofir wäerte mir et ënnerstëtzen a mat derfir stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Här President, am Joer 2015, bei der Aféierung vun der Subvention loyer, huet mäi Virgänger, den David Wagner, um Schluss vu senger Ried resuméiert, dass ee vill Argumenter fir a géint des Subventioun ka virbréngen.

Derfir muss ee sinn, well een der Meinung ass, dass d'Locataire mat klengen Revenuen op engem Locatiounsmarché, deen ausser Kontroll geroen ass, mussen finanziell gehollef kréien, well si am allerwéinegste fir déi héich Loyere kënnen.

Dergéint kann een awer och sinn, well mat enger Subventioun d'Locataire just Sue kréien, fir dass se dem Bailleur en iwwerdeierte Loyer kënnen bezuelen, woumat d'Logementskris ëmmer méi déif a laangfristeg wäert ënnermauert ginn.

D'Konsequenz deemools war, dass si sech bei dëser Subventioun deemools enthalen hunn.

Mir sinn elo siwe Joer méi spéit, an néng Joer an der Mandatsperiod vun DP-LSAP-déi gréng. Legislativ si mer op der Loyersfro kee Meter méi wäit komm. De Marché huet sech awer mat ganz grouse Schrëtt weiderbeweegt. Anstatt politesch de Loyer an de Grëff ze kréien an dësen néng Joer, huet d'Regierung elo déi politesch Decisioun geholl, nach méi vun de Käschte vun dem Versoe vum Marché säit néng Joer ze kollektiviséieren a se der Allgemengheet opzëbuerden.

Well wat ass dat, wat mer hei beschléissen? Opgrond vun der Tatsaach, dass d'Logementskris sech ëmmer méi verdéift a verbreedert, andeems se vill Stéit ëmmer méi no un de finanziellen Ofgrond dreift an ëmmer méi Stéit och mat mëttlere Revenuen an d'Laberente bréngt, probéiert d'Regierung hei elo mat der Loyerssubventioun, dem Derapage bei de Loyere mat ëmmer méi staatlechen Hëllef hannendrunzelafen.

Mir sinn Zeie vun enger – mir nennen et – „schlächender Verstaatlechung“ vun de Loyer. Awer eng Verstaatlechung, déi och an éischter Linn als Konsequenz huet, dass de finanzielle Rendement vun oft grouse Vermieter a Promoteuren ofgeséichert gëtt. Op eng Lenkwirkung bei de Loyere gëtt, aktuell zumindest, komplett verzicht.

Här President, a puncto Loyer hu béid Regierungen ënnert DP-Féierung bis elo net vill opweises. D'Reform vun de Mietkommissionen am Koalitionsaccord 2013 huet bis haut net stattfonnt. Den aktuelle Logementsminister huet se och ëmmer erëm ugekënnegt, an der Lescht gouf et awer roueg.

D'Reform vum Loyersgesetz gehéiert awer och zu de gedéllegsten Dossiere vun der Majoritéit. Grouss ugekënnegt 2018, si mer elo véier Joer méi spéit mat enger Virlag do, jo, déi scheinbar net méi aktuell ass an awer och elo erëm iwwerschafft gëtt. Deen Dossier riskéiert dann och elo, vläicht erëm eng Kéier bis un déi nächst Majoritéit weiderzegoen. Eis Proposition de loi vun 2018 staamt dann nach aus der leschter Legislaturperiod.

Domat bleift an der Loyerspolitik just nach d'Subvention loyer iwwreg. D'Berechnungsformel gëtt elo ugepasst, soudass méi héich Montanten erauskommen. An hei gouf par rapport zur ursprénglecher Virlag vun dëser Reform vu virun engem Joer nach verbessert. Dass zukünftig d'Kompositioun an de Revenu vum Menage den Ausschlag solle ginn an net e Fantasie-Referenzloyer, ass sécherlech positiv ze gesinn.

Gläichzäiteg gëtt d'Zuel vun de Menagen, déi Urecht op d'Subventioun hunn, bis an d'Akomesmëtt vun der Gesellschaft erweidert. Der finanzieller Realitéit vu ville Stéit gëtt domadder Rechnung gedroen. Problematesch ass awer – an do kommen ech dann zréck op déi onverschimmte Loyerer um Privatmarché an de mangelhafte Gesetzeskader – déi Konditioun vun der Legalitéit vum Loyer, déi drasteet.

Wien iwwerpréift dann iwwerhaupt d'Legalitéit, wann net eng Mietkommissioun oder e Geriicht? Opgrond vu wat verweigert de Ministère engem Menage dann d'Subventioun, wann ee selwer de Capital investi guer net iwwerpréiwe kann? De Locataire kann dat selwer emol net wëssen, well en dofir d'Dokumenter net allegueren huet.

D'Mietkommissiounen fonctionéieren awer meeschtens net richtig, wann iwwerhaupt, deelweis guer net, an de Locataire zitt hei gären de Kierzeren.

Juristesches gesinn huet de Locataire en immens schlechte Stand a muss am Reegelfall dat huelen, wat him gebuede gëtt. Déi 5%-Reegel ass der Realitéit net



méi ugepasst a gëtt vu kengem geholl, och net vun der Regierung, soss hätt se scho längst misse gesetzlech intervenéieren, fir dat ze änneren an d'Mietkommissioun besser opzestellen.

Här President, mir bleiwen also bei eiser Positioun vun 2015 an enthalen eis. D'Subvention loyer ass e bësse wéi Dafalgan, esou gesi mir et. Si hält d'Péng fir e kuerze Moment vu verschiddene Stéit ewech, mee d'Grënn vun dëser Péng ginn net behuuewen. Si kënnt ëmmer erëm um Enn vum Mount.

D'Logementskris betrëfft mëttlerweil 50 % a méi vun der Bevëlkerung an ufert ëmmer méi an eng allgemeng Sozialkris aus. D'Kris ass d'Resultat vu politischem Versoen iwwer Joerzénge. D'Locatairë mat ze héijem Loyer sinn awer am allermannste Schold dorunner. Dofir si mir och net géint dës Subventioun.

Merci fir d'Nolauschtenen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Merci dem Semiray Ahmedova fir dee gudden Schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech kéint elo nach eng Stonn Kriticke bréngen iwwer de Logement, mee dat heissen ass awer eppes, wat aktuell elo de Leit, déi eng Wunneng hunn, direkt kann hëllefen. An et ass nun emol dat, wat se brauchen. D'Präisser lafe fort. Et ass eng sënnavoll Mesure, dofir stëmme mir et mat.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Logementsminister Henri Kox.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Henri Kox, Ministre du Logement** | Merci, Här President. Ech sollt awer elo direkt nach e Merci soe vun der Madamm Oberweis, well si hat vergiess, der Rapportrice Merci ze soen. An dofir schléissen ech mech do direkt am Ufank un a soe Merci fir dee Schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Merci och fir déi grouss Zoustëmmung zu dësem Gesetz, an dofir, ech maachen net allze laang, mee et ass mir awer wichteg, nach e puer Elementer derbäizefügen, firwat mer dës hei an dësem Moment mat där Héicht a mat där Breet och maachen.

Et muss ee wëssen: Mir soen ëmmer „de Loyer“, „d'Loyerssubventioun“, mee déi Subventioun ass jo a sech ... de Loyer dukert een och oft mat de Chargen an et ass jo och koffer, wou ech an der Tripartite déi Propos gemaach hunn, dass een déi an d'Luucht hieft elo an dësem Moment an och virzitt, well jo och en Deel vun den Energiekäschte mat gedeckt ka ginn an d'Subventioun dat an engem och hei gutt ka fäerdegbréngen.

Dir hutt de Montant virdu gesot. Ech wëll deen net nach eng Kéier widderhuelen, mee e geet substanzuell an d'Luucht. Dofir véier Punkten, déi ganz wichteg fir mech sinn: Dat ass eeben d'Erhéijung, déi niewent dem Loyer och déi héich Energiekäschten – de Moment emol – nach kann decken. Et weess een net, wat elo nach op eis duerkënnt. Den zweeten ass och ganz wichteg, dass mer déi Subventioun virgezunn hunn. Fir den 1. August, wann et haut gestëmmt gëtt, gëtt dat applizéiert. An et war scho virgesinn, an dat war am Depot schon esou gesot, dass bis an d'Mëtt vun der Gesellschaft an de fënneften Decile materakënn (veuillez lire: dass bis an d'Mëtt vun der Gesellschaft Stéit an de fënneften Decile materakommen).

D'Einfachheet vun der Subventiounsausbezielung ass och heimat berücksichtig, well déi 4.000 Dosieren, déi mer an den Aides au logement hunn, ginn automatesch ugepasst. Dat heescht, den 1. August kommen déi automatesch an de Genoss vun där Erhéijung vun deene Primmen, déi mer virdu ... oder Subventiounen, déi mer gesot hunn.

E puer Wuert awer nach zur Eligibilitéit oder besser gesot: Wie kënnt an de Genoss? An dat ass de sougenannten Taux d'effort. Et ass mer wichteg ze soen, dass mer awer elo esou lues besser en Iwwerbléck hunn iwwer eise Logementsmarché, insbesondere well mer e LISER hunn, deen eng ganz Rei vu wichtigen Etüden och am Sozialberäich mécht. An dofir kënne mer eis drop stäipen, dass hei jo eng geziilt Moosnam ergraff gëtt, éischters nom Akommes an zweetens awer och nom Taux d'effort. An Dir wësst, am Gesetz steet, ab 25 % vum Taux d'effort, wat ee vu sengem Akommes muss opbréngen, geet an de Loyer (veuillez lire: also wat ee vu sengem Akommes muss fir de Loyer opbréngen), kann een op déi Subventioun zréckgräifen.

Dir wësst – an dat ass och vun e puer Virriedner hei gesot ginn –, dass a sech eng ganz Rei Stéit hei am Land eeben op déi Subventioun ugewise sinn. D'Zuele vläicht ganz kuerz awer: Am ënneschte Quintile, dat sinn déi 20 % vun eiser Gesellschaft, déi manner Akommes hunn, gëtt et awer Leit, déi éischters 50 % an der Locatioun sinn a bei deenen den Taux d'effort iwwer déi 25 %erausgeet, an dee geet esouguer bis op ... Pardon, do hat ech eng Méck, mengen ech.

(Hilarité)

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Fir e Veganer ass dat ganz schlëmm.

**M. Henri Kox, Ministre du Logement** | Majo, Dir sot et, Här Bartolomeo.

Ech mengen, et ass gutt elo. Pardon, entschëllegt. Wou war ech elo? Beim Taux d'effort nach eng Kéier, dass am ënneschte Quintile bis 50 % éischters an der Locatioun sinn an zweetens, dass den Effort ganz héich geet, bis 40 %. Dofir ass déi Moosnam eng ganz, ganz wichteg.

Ech wëllt awer och vum Impakt schwätzen, deen dës Moosnam op de Budget huet. Ech muss soen: Mir hunn 8 Milliounen elo virgesinn. Dat muss an d'Luucht goen! An et ass virdu gesot ginn, dass mer d'Leit nach net esou richteg errechen. An dofir muss een awer wëssen: Doduerch, dass mer elo vum Decile 4 op den Decile 5 eropginn, d'Eligibilitéit eebe méi grouss maachen, dass mer automatesch mat deenen ... de Moment sinn et 20 %, déi an de Genoss kommen an déi och déi Ufro maachen, wäerte mer erëm 3 % eroffalen, well mer jo méi Leit eligibel maachen. An ech muss soen, dass dee Chiffer elo eropgeet op 42.000 Stéit. Dat hu mer elo de Moment emol ausgerechent.

An dofir ass et ganz wichteg – an dat ass virdu gesot ginn –, déi Campagnen, déi elo musse gemaach ginn. Éischters, mir wäerte ganz aktiv gi vum Ministère aus, dass mer iwwer d'Medien de Grand public wëllen errechen. An dann ass awer och virdu gesot gi vun zwee oder dräi Virriedner, dass mer natierlech mat de Gemengen, awer och den Office-socialen zesummeschaffen, well si wëssen déi Clientèle unzeschwätzen. An da musse mer och iwwer d'Sprooch, d'Einfache Sprache ... mengen ech, fir déi Leit och ze errechen, musse mer eng aner Sprooch vläicht wielen, fir déi och besser ze errechen, sief et mat der Einfachheet vun dem Message, oder och mat der Sproochewillfalt, déi mer awer hei an deem Land hunn. An dofir wäert deen Discours dann zesumme

mat de Gemengen, mat den Office-socialen ugoen, fir dat da besser énzsetzen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Henri Kox, Ministre du Logement** | Ech denken, dass mer hei vläicht nach net um „Ende der Fahnenstange“ sinn. Wann de Präis vum Brennes nach weider esou an d'Luucht geet, wäerte mer sécherlech nach eng Kéier hei mussen driwwer diskutéieren oder iwwer aner Moosnamen. Dir hat déi ganz interessant Debatt, déi ech och nogelauscht hunn, vu virdu, iwwer steierlech Moosnamen. Ech mengen awer, dass mer hei eng éischt ganz direkt gutt Moosnam cibléiert un déi maachen, déi et direkt brauchen.

Nach zwee Wieder iwwer déi vill Lektüren, déi do leie fir de Summer. Ech schléisse mech un, Dir sollt e bësse raschten. Ech wäert och e bësse raschten. Awer et läit genuch do, fir am Hierscht ganz intensiv unzuegoen. An ënner anerem wëll ech hiweisen – an d'Madamm Finanzminstesch hat et virdu gesot – op d'Grundsteier-iwwerschaffung, d'Spekulationssteuer, d'Leerstandssteuer an natierlech dat, wou ech och wäert dann den Depot maachen iwwer de Biais vum Premierminister, nämlech d'Bail-à-loyers-Gesetz, wou all dat, wat virdu schonn erwänt ginn ass, och nach eng Kéier reforméiert gëtt, fir dann och op deem Wee e besseren Encadrement vum Privatmarché ze errechen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Logementsminister Henri Kox. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 8000B. Den Text steet am Document parlementaire 8000B<sup>5</sup>.

#### *Vote sur l'ensemble du projet de loi 8000B et dispense du second vote constitutionnel*

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Claude Lamberty), MM. Pim Knaff (par M. Max Hahn), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Djuna Bernard) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 6. 8020 – Projet de loi portant modification de :

**1<sup>o</sup> la loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel ;**

**2<sup>o</sup> la loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité**

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour, de Projet de loi 8020, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Organisation vum Marché vum Äerdgas a vum Elektresch. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum deem Projet de loi, den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire**

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur, en remplacement de Mme Jessie Thill (déi gréng) | Här Président, Här Minister, Dir Dammen an Hären, ech well hei meng Kolleegin d'Jessie Thill, wat Rapportrice vum Gesetzesprojet 8020 ass, excuséieren. Si ass krank an dofir liesen ech hire Rapport vir an ech wënschen hir vun hei eng ganz gutt Besserung.

Weinst der ugespaantener geopolitescher Lag duerch de Krich an der Ukrain huet sech d'Situatioun op den Energiemäert säit e puer Woche weider verschäerft. Dëst äussert sech duerch déi explosiounsarteg Hausse vun Energiepräisser a ganz besonnesch bei de Gaspräisser. D'Lag spëtzt sech ëmmer méi zou op den Energiemäert an huet och a verschidde Regiounen an der EU zu Ennerbriechungen an der Gasversuergung gefouert. Och wa Lëtzebuerg manner russesche Gas bezitt wéi aner Länner an Deel vum belsche Gasmarkt ass, kéinten esou Ennerbriechunge sech awer och op ons Energieversuergung hei auswirken an eventuell dozou féieren, datt de Plan de déstéage, den Noutfallplang, deen am Kader vun engem europäesche Règlement opgesat gouf, declenchéiert misst ginn.

D'Gesetz vum 1. August 2007 iwwert d'Organisation vum Gas- a vum Strommarkt gesinn an deem Fall Noutfallmesurë vir, déi am Zenario vun enger Versuergungsgefahr oder enger Bedroung vun enger physischer Sécherheet oder der Sécherheet vu Persounen, Geräter oder Anlagen oder och der Integritéit vum Réseau ergraff kënnen ginn a soumat d'Energieversuergung weider garantéieren.

Fir sécherzestellen, dass d'Moossname mat der gréisstméiglecher Effizienz ergraff kënnen ginn, ass et wichteg, dass kee Risiko vun enger méiglecher Insécurité juridique besteet. Dohier zielt dëse Gesetzesprojet drop of, d'Bestëmmunge mat den institutionellen Ufuerderungen a Bezuch op déi Persounen, déi d'Bezug hunn, d'Moossnamen ze ergräifen, an Aklang ze bréngen, dëst och a Bezuch op d'Bedéngunge vun der Noutwendegkeet, der Adequatioun an der Proportionalitéit.

Zum Avis vum Staatsrot: Et gouf zwou Opposition-formellen, fir déi de Staatsrot Amendementer proposéiert huet an deene vun der Kommissioun Rechnung gedroe gouf. Als legistesche Observatioun gouf just proposéiert, den Intitulé ze reformuléieren.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun bleift ze soen, dass dëse Gesetzesprojet no sengem Depot den 3. Juni 2022 vum Energieminister an dem Avis vum Staatsrot vum 5. Juli 2022 de 6. Juli an der Kommissioun virgestallt an examinéiert ginn ass. An der selwechter Sitzung goufen déi zwee Amendementer, wéi se vum Staatsrot proposéiert goufen, ugeholl an d'Jessie Thill zur Rapportrice ernannt. Den 8. Juli gouf dunn hire schrëftleche Rapport gestëmmt an an deem fannt Der och weider Detailler zum Gesetzesprojet.

D'Rapportrice wollt hei dann nach eng Kéier dovun profitéieren, jiddwerengem e grouss Merci ze soe fir d'Aarbechten un deem wichtege Gesetz. Mir hu ganz séier an der Kommissioun geschafft an der Hoffnung natierlech, dass mer dat Gesetz hei net brauchen.

An ech ginn an deem Sënn och den Accord vun der grénger Fraktioun a soen der Rapportrice vun hei och nach eng Kéier villmools Merci. An ech géif dann awer och den Depot vun enger Motioun maachen, déi och vun der DP a vun der CSV ënnerschriwwen ass.

### Motion 1

« Sécurité d'approvisionnement en gaz naturel et en électricité du Luxembourg »

La Chambre des Députés,

considérant

– la motion adoptée par la Chambre des Députés en date du 15 mars 2022 au sujet de l'approvisionnement et de la sécurité énergétique du Luxembourg ;

– la situation géopolitique tendue actuelle liée à la guerre en Ukraine et la tension des marchés de l'énergie, ainsi que l'envolée des prix de l'énergie, dont notamment du gaz naturel ;

– que le maintien de la sécurité de l'approvisionnement représente un des objectifs clés de la politique énergétique du gouvernement luxembourgeois ;

– les paquets de sanctions restrictives de l'Union européenne et de ses États-membres visant à affaiblir la base économique de la Russie et la réduction de la dépendance par rapport aux importations de produits énergétiques russes ;

– les réductions de fourniture de gaz russe vers l'Europe via le gazoduc de la mer Baltique Nord Stream 1, et les risques de ruptures y relatifs dans certaines régions de l'Union européenne et l'impact potentiel sur l'approvisionnement en énergie du Grand-Duché de Luxembourg ;

– l'arrêt d'une grande partie des réacteurs nucléaires à cause des problèmes de corrosion mettant la France dans une situation inhabituelle d'importatrice d'électricité en été qui amplifie l'insécurité de l'approvisionnement électrique de l'Europe de l'Ouest ;

– le plan d'urgence qui risque d'être déclenché en cas de rupture d'approvisionnement en gaz naturel ;

– le plan de préparation aux risques du Luxembourg pour le secteur de l'électricité qui oriente les acteurs concernés en cas de rupture d'approvisionnement en électricité,

saluant

– les réunions du groupe de coordination pour le gaz de l'Union européenne qui ont comme but de coordonner les efforts au niveau européen ;

– la publication par la Commission européenne d'un document sur la situation actuelle fin juillet et la réunion des ministres de l'Énergie le 26 juillet 2022 ;

– les évaluations dans le contexte de la coopération régionale au sein du groupe de soutien sur la sécurité d'approvisionnement du « Forum pentalateral de l'Énergie » (PLEF), reflétant les scénarios différents pour garantir la sécurité énergétique dans le cadre d'une rupture d'approvisionnement en énergie ;

– les réunions bimensuelles de la « cellule de crise de gaz » belgo-luxembourgeoise ayant comme but d'analyser et d'évaluer la situation actuelle et d'identifier des démarches communes pour le marché commun gazier belgo-luxembourgeois ;

– l'adaptation du plan d'urgence en incluant un plan de réduction de la consommation pour les différents secteurs et entreprises luxembourgeois, suivi par des échanges parallèles constants avec les parties prenantes concernées ;

– la coopération interministérielle concernant la préparation à tous les scénarios et la réalisation d'une campagne d'information auprès de la population ;

– des échanges réguliers avec le Haut-Commissariat à la protection nationale (HCPN) pour garantir le partage d'informations afin de pouvoir réagir de façon appropriée le moment venu,

invite le Gouvernement

– à poursuivre ses efforts actuels et à se préparer à différents scénarios pour le Grand-Duché de Luxembourg sur base d'études et de prévisions disponibles afin de prendre des mesures adéquates ;

– à suivre la situation de près, à se concerter en permanence avec les pays voisins afin de préparer des scénarios adaptés et à continuer à œuvrer au niveau européen pour la solidarité et coopération européenne ;

– à renforcer le rôle pionnier de l'État concernant l'amélioration de l'efficacité énergétique ;

– à continuer ses efforts d'aide et de sensibilisation quant au soutien des ménages en précarité énergétique.

(s.) François Benoy, Max Hahn, Cécile Hemmen.

Mir wëssen, dass d'Situatioun um Energiemarkt ganz ugespaant ass, apart de Gas- an den Elektreschmarkt. An der Motioun geet et ëm d'Versuergungs-sécherheet fir de Gas an d'Elektrizitéit zu Lëtzebuerg.

(Brouhaha)

**M. Michel Wolter** (CSV) | Et ass net schlëmm, Dir hat just d'CSV an d'LSAP verwieselt.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur, en remplacement de Mme Jessie Thill (déi gréng) | Uff, dat deet ... jo, ok, ok. Dat deet mer leed. Also, d'Motioun deposéieren ech a se ass och vun der DP a vun der LSAP ënnerschriwwen. Wannechgelift entschëllegt mech!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Alles ok, alles ok.

(Brouhaha)

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur, en remplacement de Mme Jessie Thill (déi gréng) | Wien hutt Der elo ausgetosch? Géint wien? Ok, gutt.

Also, wéi gesot, an der Motioun geet et ëm d'Versuergungssécherheet fir Gas an Elektrizitéit zu Lëtzebuerg. Mir consideréieren an der Motioun, dass mer eng geopolitesch ugespaante Situatioun an héich Präisser um Energiemarkt hunn, dass d'Versuergungssécherheet awer en Haaptzil vun der lëtzebuerger Energiepolitik ass an dass et awer mëttlerweil mat der Situatioun, déi mer hunn, e Risk vu Rupturë gëtt beim Gas zu Lëtzebuerg.

D'Noutfallpläng a puncto Gas an och Strom sinn awer do. A mir saluéieren déi grouss Efforten, déi op europäeschem Niveau gemaach ginn, fir dass d'Situatioun gutt koordinéiert ... an dass mer se koordinéiert ugin, och a Collaboratioun mat der Belsch, well mat hinnen hu mer jo e gemeinsame Gasmarché, an dass och do permanent Upassung gemaach ginn och a puncto vun den Urgence-Pläng an dass och grad eng Informationscampagne préparéiert gëtt, fir d'Populatioun an den nächste Méint ze informéieren, wann et zu e bësse méi ugespaante Situatiounen kéint.



Mir invitéieren an der Motioun d'Regierung, dass déi Efforte weiterentwickelt ginn, och am Hibleck op verschidde méiglech Zenarien, dass dann och adequat Mesuren do geholl ginn, dat a Collaboratioun natierlech mat onsen Nopeschlänner, an dass mer weider dru schaffen, en absolute Virreider a puncto energieetesche Effizienz ze sinn, an dass mer virun allem bei alleguerten deene Problemer grad déi vulnerabelst Haushalter am An halen an deenen och déi néideg Ennerstétzung ginn.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Benoy.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Paul Galles. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här Président. Ech wëll dem François Benoy Merci soe fir säi mëndleche Rapport. Ech profitéieren och vun der Geleeënheet, fir dem Jessie Thill Merci ze soe fir säi schrëftleche Rapport an em och vun hei aus eng gutt Besserung ze wënschen an dass alles ganz séier erëm ganz gutt ass.

Et ass wouer, et ass natierlech e Gesetzesprojet op enger Meta-Ebene. Mir schwätzen an deem Gesetzesprojet net iwwert de Plan de délestage, em deen et vläicht iergendwann eng Kéier kéint goen. Dat ass natierlech en immens interessant Thema, dee Plan de délestage, an e gëtt och diskutéiert. Och an anere Länner lafen do ganz vill Gespréicher an Diskussiounen. Mee hei geet et jo eigentlech ëm eppes, wat d'Juriste genau esou géif betreffe wéi eis, déi mer elo an der Energie- an an der Environnementskommission sinn, nämlech: Et geet drëms, Insécuritées juridiques ze vermeiden duerch dese Gesetzesprojet.

Mir schafen also eigentlech Bedéngungen, fir d'Méiglechkeet dann ze hunn, an engem Fall, wou eppes antrëtt, kënnen ze reagéieren. An dat gëtt da gekuckt um Niveau vun der Zoustännegkeet, dat heescht, beim Grand-Duc, an dann awer och vun der Necessitéit, Adequatioun an der Proportionalitéit vun der Reaktioun, déi mer da brauchen.

Den Accord vun der CSV-Fraktioun wëll ech heimat ginn an ech wëll awer och nach eng Kéier profitéieren, fir dem Staatsrot en extrae Merci ze soen, well mir hunn dovun profitéiert, dass de Staatsrot – an dat wësse mer als Kommissioun ganz gutt – eis praktesch eng Textversioun ginn huet, déi mer du konnt séier iwwerhuelen. Well si haten eng ganz Rei vu pertinenten a gudden Bemerkungen gemaach an hunn eis praktesch schonn d'Léisung matgeléiwert. An ech mengen, domat verdénge se och e Merci an, wéi gesot, den Accord vun eiser Fraktioun.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Galles. An da ginn ech d'Wuert un den honorablen Här Max Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Merci, Här President. Bon, ech mengen, et ass dem Här Benoy an dem Här Galles ze verdanken, dass ech hei stoe kann a just nach den Accord brauch ze ginn zu deem Gesetzestext, dee mer hoffentlech ni wäerte brauchen. Mee ech mengen, déi juristesche Sécherheet, dass mer déi hunn, ech mengen, dat ass evident an dofir begrësse mer dat. Dofir ginn ech d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei. Ech géif dann och dem François Benoy Merci soe fir säi mëndleche Rapport an dem Jessie Thill da fir dee schrëftlechen, an och eng gutt Besserung natierlech dann op Walfer.

Dem Minister just vläicht eng Fro. Ech hat virdru mam Cécile Hemmen rieds. Do hate mer eis just gefrot ... Dir hat gesot, Dir géift och eng Sensibiliséierungscampagne maachen, fir dass d'Leit vläicht nach e puer Tipps kréien, fir Energie ze spueren. Vlächent kënnt Der eis e Wuert dozou soen. Dat war eppes, wou mir nach rieds driwwer haten, dass dat vlächent eppes wier, wat ganz sénnvoll wier an deenen heiten Zäiten.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Hahn. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Hemmen.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Jo, merci, Här Président. Bon, dann hunn ech dem Här Galles an dem Här Benoy an dem Här Hahn ze verdanken, dass ech wierklech net ganz vill hei brauch ze soen. Wéi gesot, et ass schonn alles gesot. An et ass virun allem kloer gemaach ginn, firwat mer dese Gesetzesprojet iwwerhaupt brauchen. An aus deene Grënn wäert d'LSAP selbstverständlech hiren Accord ginn, net ouni awer virdru och e grouse Merci gesot ze hunn, der Rapportrice an hirem Remplaçant, dem François Benoy.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hemmen. Da ginn ech d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser ..., nee, den Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Merci och direkt deenen zwee Rapporturen, dem Jessie Thill an dem François Benoy, fir d'Rapporten.

Jo, mir hoffen alleguerten, dass mer dese Gesetzestext ni wäerte brauchen. Am Moment héiere mer awer Hiobsbotschaften. Et gëtt dovun geschwat, méi kal ze duschen. Et gëtt dovun geschwat, Schoule manner ze heizen, Piscinnen zouzemaachen, Sportshalen zouzemaachen, d'Produktioun an der Industrie erofzesetzen. Et gëtt dovun geschwat, dass de Stroum an de Gas sech kéinten am Präis verdräifachen, vervéierfachen, eventuell nach méi. Dat heescht, et ass awer e Risiko do, dass et zu enger gréisserer Katastroph kéint kommen am Wanter.

Et ass awer och eng Kris, déi schonn ugefaangen huet virum Krich. Et ass eng ... D'Präisser sinn deemools schonn eropgaangen. Et ass net duerch de Krich eleng komm. Et war scho virdru. Dat wëll ech hei onbedéngt betounen. An et ass och eng Kris, déi deelweis awer och op eis Politik hei zu Lëtzebuerg an och an Europa zrëckgefieren ass. Mir hunn et versäumt iwwert déi leschte Joren, déi néideg Gasreserven unzeleeën, souwéi mer et och versäumt hunn hei zu Lëtzebuerg, déi néideg Pétrolsreserven unzeleeën. Do ass de Problem elo net esou akut, mee deen ass awer ëmmer nach ginn. Mir hunn dat och als ADR oft hei gefuerdert.

Et ass och e Problem vun Energiepolitik, déi ee mécht. Mir hunn am Moment eng Regierung, Regierungen an Europa, déi ganz vill op déi gréng volatil Energie setzen. An de Minister huet jo selwer gesot nach virun e puer Méint, dass mer do als Backup de Gas brauchen.

Dat heescht, mir hunn eis also wierklech ganz vill ofhängeg gemaach vum Gas, och bei der Stroumproduktioun. An natierlech ass et och eng Problematik vun der Ofhängegkeet vun engem Land, wat eis de Gas liwwert. Dorop si mer opmierksam gemaach gi vun eisen amerikanesche Partner während Joren: „Maacht Iech net ofhängeg!“ An deem Fall si mer elo. Dat erweist sech eeben elo als grouse Problem.

Fir e bësse méi wäit ze goen, e kleng Verglach: Ech mengen, Dir gitt jo och an d'Vakanz an dann hutt

Der gutt Zäit, fir Iech vlächent eppes ze iwwerleeën, zemools déi, déi sech e bësse fir Geschicht interesséieren. Et ass dach awer eng gewësse Parallell. Also, d'Geschicht widderhëlt sech net eent zu eent, mee et gëtt awer e bësse Parallellen zu der Situatioun vun 1973, déi mer vlächent dëst Joer erliewen.

Och deemools war et e Krich ginn, de Jom-Kippur-Krich, wou déi arabesch Länner Israel ugegraff hunn, dann zrëckgeschloe gi sinn, wou Israel mat der Hëllef vum Westen dat konnt maachen a wou e bëssen als Revancheaktioun dann déi arabesch Länner decidéiert hunn, den Uelegpräis ze erhéijen, wat dozou gefouert huet, dass mir hei eng Pétrolskris kruten, dass d'Tankstellen deelweis kee Bensinn méi haten, dass d'Bensinnspräisser sech vervéierfach hunn an dass mer eng riseg Kris kruten, déi souguer 1975 zur Stolkris gefouert huet an am Endeffekt zum Ennergang – wann ech dat ka soen – vun der traditioneller Stolindustrie zu Lëtzebuerg; eng Kris, déi jorelaang ugehalen huet an déi och am Noen Osten an op anere Plaze vun der Welt nach weider zu Kricher gefouert huet ëm eeben d'Energie, deemools den Ueleg. Mir haten d'Golfkricher, alles huet e bëssen och mat deem Krich vun 1973 ze di gehat. Dat war an deem Kontext.

Ech hoffen – ech hoffen! –, dass mer elo hei 2022 net an esou eng Richtung ginn, wou mer jorelaang eng Wirtschaftskris kréien, wou mer weider Konflikter kréien op dëser Welt. Mee ech fäerten, dass dat awer de Fall kéint sinn.

An duerfir géif ech hei wierklech nach eng Kéier u jiddwereen och appelléieren: Mir hunn am Fong nach d'Méiglechkeet, eng Katastroph am Wanter ze verhënneren. Eis Regierung huet d'Méiglechkeet, eng Katastroph am Wanter ze verhënneren. Europa huet déi Méiglechkeet, eng Katastroph am Wanter ze verhënneren. Mir hunn et an der Hand, mir mussen et just maachen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Keup. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Jo, als Alleréisch emol e grouse Merci dem François Benoy fir säi mëndlechen an dem Jessie Thill fir säi schrëftleche Rapport.

Här President, d'Situatioun, an där mir haut sinn an déi dese Gesetzesprojet elo esou dréngend mécht, ass d'Konsequenz vun engem Echec vun der europäescher Energiepolitik an dat net eréischt säit geschter an der brutaler Invasioun vum Putin an der Ukrain.

D'Ofhängegkeet vu fossillen Energien an Atomenergie bleift héich: 2019 louch den Undeel vun erneierbaren Energien am europäesche primären Energieverbrauch bei ronn 16 %, dee vu fossillen Energie bei ronn 70 % an d'Atomenergie ëmmerhin nach bei 12 %. Zum Verglach: Zéng Joer virdru louch mer bei den Erneierbaren bei 11 %, bei just liicht méi héijem Gesamtenergieverbrauch.

Et geet also net séier genuch virun, dat stellt ee beim Bléck op dës Zuele séier fest, weeder beim Ausbau vun den Erneierbaren nach bei den Aspierungen vun der Energie an den Investitiounen an d'Effikassitéit. D'Ofhängegkeet vum russesche Gas an Ueleg ass an der aktueller Situatioun eng besonnesch Vulnerabilitéit. Mee et ass awer eng, déi och scho laang bekannt ass an déi och net reduzéiert ginn ass, wéi Russland 2008 Georgien ugegraff huet an d'Krim 2014 annexéiert huet. Am Géigendeel: Si ass beim Gas bei ronn 40 % bliwwen.

An e Land wéi Däitschland huet nach ëmmer méi op russesch Gasimporter gesat. Do gouf sech geo-an energiepolitesch an eng Sakgaass manövréiert, während an der EU selwer esou gemaach ginn ass, wéi wann de liberaliséierten Energiemarché an Europa quasi iwwer Nuecht d'Energie géif propper maachen an de Problem sech esou léise géif.

Wéi mir awer wëssen, ass dat natierlech net passéiert. Vill méi si mir haut an enger Situatioun, an där an Europa op virtuelle Gashubs, besonnesch um gréissten an Holland, d'Präisser enorm volatil gi sinn an esoumatt d'Dier fir d'Spekulatioun sperraangelwäit opgemaach gi sinn. Zweek Drëttel vun den Transaktiounen sinn éischter der Spekulatioun mat sougenannte „Gas Futures“ zouzuernd.

Här President, d'Angscht virun engem komplizéierten Wanter ass sécherlech berechtigt. D'Situatioun ass ugespaant an et kann duerchaus och an Zäite vun Aerderwiermung e ganz kale Wanter ginn. D'Blécker sinn dowéinst op d'Gasspäichere gerichtet. Se solle bis November 2022 op 80 bis 90 % gefüllt sinn. Aktuell leie mer bei 60 %.

Dozou muss een awer wëssen, dass d'Späicheren um 1. Oktober 2021, also virum leschte Wanter, um dëfsten Niveau säit 2013 waren. Dat war och den Haaptgrond fir déi héich Präisser, och virum Krich an der Ukrain. An dass d'Gasspäicheren esou eidel waren, huet an éischter Linn net mat feelende Livraisounen deemools ze di gehat, mee och mat der Spekulatioun. D'Grënn, dass doraus keng Enkpäss beim Gas entstane sinn, war eeben dat waarmt Wieder an deem Wanter, mee och d'Tatsaach, dass no an no erëm méi op Kuel gesat gouf am Stromssektor, mat der Konsequenz, dass méi CO<sub>2</sub> ausgestouss gëtt an d'Industrien iwwer effentlech Subventiounen beim Emissiounshandel nach méi Zäregasausstéiss matfinanziert wäerte kréien.

Den Haaptfokus, fir de Gasverbrauch ze decken, läit also an éischter Linn op Flëssegasimporter aus den USA, an déi sinn ekologesch nach eng méi grouss Katastroph wéi russesch Gas. An doriwwer eraus sti mer a Konkurrenz mat dem US-amerikanesche Marché an Asien. Dat ass och gewousst.

Dofir ass déi beschten Optioun, déi Europa selwer an der Hand huet, emol eng substanziiell Reduktioun vum Verbrauch. Well heifir bis elo vill ze mann investéiert ginn ass, mussen elo Kriseninstrumenter an d'A gefaasst ginn.

D'Gesetz mat de Mesuren, déi elo hei virleien, stéisst och an dës Richtung. Den Hauptproblem fir eis dobäi ass, wéi ech et ugangscho gesot hunn, dass mer – opgrond vu feelenden an ze luese Weichstellungen an der Vergaangenheet bis haut – elo mat der Box erof dostinn. Joerzéngte gouf liberaliséiert, alles de privaten Investoren iwwerlooss, déi aus Rentabilitéitsgrënn sollen an Erneierbarer investéieren. Mee dat ass awer net geschitt.

Elo kënnt de Staat erëm an d'Spill, mee net als positive Gestalter vum Energiesystem vum der Zukunft, mee als déi Instanz, déi am Endeffekt dann awer d'Verantwortung droe muss fir déi Spillereien do an elo riskéiert, rationéieren ze mussen.

Gutt un dës Mesuren, déi potenziell bei enger Penurie u Gas a Strom kënnen en place gesat ginn, ass awer, dass d'Stëit an aner méi kleng Verbraucher iwwer d'Gesetz geschützt sinn an et hei net zu Deconnexiounen oder Reduktiounen soll kënnen kommen, si also déi lescht sinn, déi d'Konsequenzen do wäerten droen.

Si wäerten awer vun de weideren Haussé vum de Präisser betraff sinn an hei mussen, eisen Aen no, och elo schonn zousätzlech Hëllefsmesuren en place

gesat ginn, fir dass mer virbereet sinn op den Eeschtfall.

D'Prise en charge vun de Reseauskäschte fir Gas a Strom ass bis ewell déi eenzeg cibléiert Mesure, déi all déi betreffend Stëit, awer net sozial gestaffelt, erreicht. Do muss nogebessert ginn, well d'Präisser riskéiere soss, wéi gesot, weider eropzegoen. Problematesch, well net ganz duerchschaubar vun eis, ass, dass net kloer ass, wéi dës Mesuren declenchéiert kënnen ginn, well keng Krittären, Prozeduren, Etappen am Gesetz stinn.

Kann hei prophylaktesch scho beschloss ginn ze reduzéieren? Oder just, wann de Krunn schonn eidel ass? Op wéi enger Grondlag gëtt do decidéiert? Vlächtt kann eis de Minister do méi dozou soen.

Well d'Chamber do aus dem Spill ass a soumat de Grand-Duc mat der Regierung iwwer Règlement grand-ducal eleng Decisiounen mat enger enorm wäiter Tragwäit huele kann, stëmme mir dat heiten net esou mat, mee mir enthalen eis. Well mir stelle kee Blankoscheck aus fir Decisiounen, bei deene mir d'Portée an d'Modalitéiten net kennen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Merci dem Duo vun de Rapporteren, an dem Jessie Thill eng gutt Besserung.

An der Kommissioun hate mer de Projet virgestallt kritt. Ech hat e bësse Bauchwéi, wéi en erakomm ass, an ech hat manner Bauchwéi, wéi mer erëm erausgaange sinn, well ech hunn dem Minister e puer Froe gestallt. En huet eis eng Versuergungssécherheet quasi garantéiert. En huet gesot, dat wier alles kee Problem, soudass mer awer berouegt kënnen iwwert d'Summerméint an och an de Wanter goen.

A mir Piraten vertrauen dann der Regierung, dass mer net op iergendwellech Problemer stousen. Esou krute mer dat jo an der Kommissioun erkläert, soudass d'Leit och wäerte gutt iwwert de Wanter kommen an och nach déi nächst Méint doriwwer ewech.

E bësse méi Bauchwéi hunn ech elo mat der Motioun, well ech net wierklech verstanen hunn, wann an der Kommissioun alles schéin a gutt war a wann een eigentlech guer keng Problemer huet, dass een elo eng Motioun muss maachen. Ech mengen, dat sinn éischter esou déi éischt donkel Wolleken, déi kommen. Mee mir vertrauen der Regierung.

Mir hunn elo e puermol an der Kommissioun héieren, dass dat alles gutt wäert goen, dass eng gutt Versuergungssécherheet ass, dass d'Bierger sech keng Suerge brächten ze maachen. Deementspriedend schwätze mer haut eist Vertrauen aus, dass de Minister eis Bierger net wäert kal sëtze loosson.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Energieminister Claude Turmes.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie** | Villmools merci, Här President, och deenen zwee Rapporteren. Dem Jessie eng gutt Besserung.

An deem Gesetz gëtt eigentlech déi juristesche Basis geschaf – oder méi zolidd gemaach – fir Gas- a Strom-noutfällpläng.

Ech mengen, Dir hutt ... kritt och genuch Informatiounen aus der internationaler Press, dass d'Situatioun eescht ass, virun allem um Gasmarché, an dass mer eis eeben duerfir op den Eeschtfall musse virbereeden a mer heimadder eis eng zolidd juristesche Basis ginn.

Ech wollt elo haut net an den Detail goe vun der ganzer Planung, well mer jo d'nächst Woch en Dënschden eng Kommissiounssitzung hu vun der Ëmwelt- an Energiekommissioun, wou mer ..., wou ech da méi Zäit hunn, fir dat am Detail ze maachen.

Vlächtt nach e Wuert zu der Fro vum Max Hahn an der Madamm Hemmen: Beim Aspieren ass et esou: Mir cibléiere virun allem eeben eng ganz breet Campaigne nom Summer, also wa mer an den Hierscht kommen, well mer mengen, dass, wann d'Leit elo hir Heizung erëm umaachen, dat dee richtige Moment ass. Mir sinn amgaangen, dat an der Regierung virzubereeden an eebe fir den Hierscht fäerdeg ze maachen.

Elo an dësen Deeg wäerte mer éischter mat deem aneren Extreem konfrontéiert sinn, dass mer eng extreem Hëtzt hunn an ech mengen, et si jo da Leit, déi Klimaanlagen hunn. An eppes, wat elo wichteg ass, ass, dass déi Klimaanlage moderat agestallt ginn, well manner Stromverbrauch heescht manner Gasverbrauch. Manner Gasverbrauch heescht, dass mer eis Gasspäichere kënnen besser fëllen. Wann d'Gasspäichere voll sinn, si mer deen nächste Wanter quasi manner dem Diktat vum Här Putin ausgesat. A moderat agestallte Klimaanlage sinn och, mengen ech, gutt fir d'Gesondheet. Ech mengen, mir erliewen an dësen Deeg, dass de heiansdo a Säll sëtzt, déi sinn esou kal, dass de riskéiers, dech ze erkalen.

*(Brouhaha)*

Ma gesitt Der, dann ass déi hei richtig gutt moderat agestallt. D'Chamber ass, wéi esou oft, virbildlech.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Energieminister Claude Turmes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8020. Den Text steet am Document parlementaire 8020<sup>2</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8020 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dësse Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentimenten ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Max Hengel), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert (par M. Jean-Paul Schaaf), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. André Bauler), MM. Pim Knaff (par M. Claude Lamberty), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile*



Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Stéphanie Empain) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### Motion 1

Da kéime mer nach zur Diskussioun respektiv zum Ofstëmme vun der Motioun. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Paul Galles.

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci, Här President. Vu dass den Här Benoy jo schonn esou fein war, eis mat an d'Motioun ze inkludéieren an dovun auszegoen, mir hätte se mat ënnerschriwwen, kënne mer jo bal net Nee soen.

(Hilarité)

Mir hu se och tatsächlech ... inhaltlech hu mer och näischt dogéint. Et ass eng léif Motioun. Et stellt sech e bëssen d'Fro, ob se elo en enorme Méiwäert huet. Et ass einfach eng léif Motioun. Dofir, mir fannen elo näischt, wat dergéint ass. Dat Eenzezt, wou ech mer, wou ech elo e bëssen awer esou mat engem Begrëff muss spillen, dat ass einfach dee „rôle pionnier“ vum Staat.

Mir sinn tatsächlech der Meenung, dass de Staat eng Virreiderroll spillt, eng Pionéierroll. Mir sinn eis just net ganz sécher, ob e se wierklech esou spillt, wéi e se sollt spillen. Déi heite Formulierung léisst dat elo e bëssen offen. Natierlech, dee Rôle kann ee renforcer, kann ee verstärken. Dofir fënnt dës Motioun och eis Zoustëmmung a mir stëmmen déi dann och mat.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Galles. Dann huet den Här Keup d'Wuert gefrot.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci. Merci, Här President. Et ass eng ganz interessant Motioun, dat heiten, och schonn, wann een d'Considerante liest. Den drëtten Punkt, dee seet, „le maintien d'un cycle d'approvisionnement en énergie“, dat wier natierlech eng Prioritéit vun der Energiepolitik. Ech géif esouguer soen, dat wär eng Prioritéit iwwerhaupt vun eiser nationaler Politik. An ech mengen, d'Energieversuergung wier souguer eppes, wat ee kéint „raison d'État“ nennen. Ouni dat geet et net, da muss mer d'Luuchten ausmaachen.

De véierte Considerant ass och interessant am Fong, well hei effektiv d'Sanktiounen, déi vun der Europäescher Unioin gemaach gi sinn, schonn e bëssen als Argument ugi ginn, fir déi russesch Economie ze affaiblén, wat awer eigentlech an der Realitéit net wierklech reusséiert. An dat ass e Problem, wou ee sech awer muss d'Fro stellen ... Et mécht iwwerhaupt näischt mat Russland, mee et muss ee sech awer d'Fro stellen, ob mer dat iwwerhaupt errechen, dass mer eng Reduktioun wëlle vun der Dependence vun den Importer vum russesche Gas. Also fir de Wanter

géif ech dat awer elo mol net ausschléissen, dass mer musse russesche Gas importéieren.

Ech mengen, dass ganz vill Staatscheffen an Europa frou sinn, wann iergendwann do an eng, zwou, dräi Wochen erëm Gas duerch d'Nordstream 1 fléisst, egal wat elo hei gesot gëtt. Dat ass awer, mengen ech, d'Realitéit.

An da wollt ech nach soen, zu den Invitten – et ass e bëssen dat, wat de Kollege Paul Galles gesot huet –: Et ass schéin, et ass déi leschte Motioun hei vum Joer an de Gouvernement, dee klappt sech am Fong hei e bëssen op d'Schëller oder kritt op d'Schëller geklappt vun der Majoritéit hei. Den éischte Punkt ass „à poursuivre“, den zweeten ass „à suivre“, den drëtten ass „à renforcer“, de véierten ass „à continuer“. Et ass... Am Fong gëtt gesot: Mir maachen einfach dat weider, wat mer elo scho maachen. Dat ass och gutt. Mee duerfir brauch een awer am Fong keng Motioun. An dowéinst enthalte mer eis hei.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Keup. An da geet d'Wuert un d'Madamm Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Also, ech kann dem Här Galles just Recht ginn. Mir hu se och gelies a mir fannen och, et ass eng ganz léif, ganz sympathesch – déi deet kengem wéi – Motioun. Also mir kënne déi hei och matdroen. A mir sinn och iwwert de „rôle pionnier“ gestolpert. Mir hunn och e bësse misse schmunzelen dobäi. Mir wiere frou, wann Der méi de „rôle pionnier“ géift anhuelen a wa mer méi an déi Richtung géife goen, awer wierklech elo mat grouse, grouse, grouse Siwemeileschrëtt, wéi de „gestiefelte Kater“ mat senge grouse Stiwelen, déi en huet. Dat géif eis wierklech hëllefen, mengen ech. An dofir stëmme mir awer mat.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An dann huet den Här Marc Goergen d'Wuert gefrot.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Ech wäert déi léif Motioun och matstëmme.

**M. Fernand Etgen**, Président | Hei, wannechgelift, nach e bësse roueg, dann hu mer et gepackt!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ech kéint Iech elo 20 Questions parlementaires zitieren, wou Der net Pionéier sidd an der Energie. Mee bon, ech spueren eis dat den Owend.

Déi eenzeg Fro, déi ech mer grad gestallt hunn: – Dir hutt gesot, mat de Klimaanlagen –: Jo, wéi ass et dann elo mat den Elektroautoen iwwert déi nächst Méint? Net, dass ech op eemol un der Pompel stinn an do kënnt dann näischt méi eraus. Well do kënnt jo ganz vill Jus. An elo, wann d'Hollänner, d'Belsch kommen, mat eiser neier SuperChargy, wéi leeft dat dann? Ass dann do nach genuch dran?

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Da ginn ech nach d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng), rapporteur, en remplacement de Mme Jessie Thill (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Och villmools merci fir d'Intervention par rapport zur Motioun. An och merci u jiddwereen, dee se matdréit.

Also compte tenu vun enger dach eeschter Situation, déi mer hunn, hu mir et wichteg fonnt, fir eebe grad der Regierung de Réck ze stäerken, fir dass déi Efforte weiderginn, fir dass d'Situatioun wierklech am Grëff gehale gëtt a fir dass se do wierklech all Energie

drastiechen. An dofir hu mir et wichteg fonnt, eng Motioun an deem Sënn ze maachen. Mee wann awer een dat net wichteg fënnt, ben, da soll en d'Motioun eeben net matstëmme.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. Ech mengen, da kéime mer zum Vott vun dëser Motioun.

### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun ass mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Abstentionen ugeho.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Octavie Modert (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gusty Graas), MM. Pim Knaff (par M. Claude Lamberty), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill (par Mme Stéphanie Empain) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

## 7. Discours de M. le Président

Domat si mer bal um Enn vun eiser öffentlecher Sitzung ukomm.

D'Sessioun 2021/2022 ass awer nach net eriwwer. Si dauert nach bis den 2. Dönschdeg am Oktober, dat heescht, den 11. Oktober 2022. Bis dohi lafen d'Kommissionssitzungen an international Reunionen weider. An och d'Chamber kéint, wann dat néideg wier, am Plenum zesummekommen.

Ech hoffen awer, datt jiddereen an nächster Zäit och e bësse kann zur Rou kommen. Ech wëll Iech alleguer, déi direkt oder indirekt fir d'Chamber schaffen, e grouse Merci soen, datt Dir zum gudden Fonctionnement vun der éischter Institution vum Land bäidrot. Passt op Iech op a bleift virun allem gesond! Ech wënschen Iech all, fir déi, déi se gären hunn, vill Sonn an der Natur nuets Reen, well déi brauch et.

Ech soen Iech villmools Merci.

D'Chamber kënnt viraussichtlech den 11., 12. an 13. Oktober nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 18.49 heures.)

## Sommaire

1. **Ouverture de la séance publique** ..... p. 41  
M. Fernand Etgen, Président
2. **Communications** ..... p. 41  
M. Fernand Etgen, Président
3. **Institution d'une commission spéciale** ..... p. 44  
M. Fernand Etgen, Président (intervention de Mme Josée Lorsché)
4. **Changement de composition d'une commission parlementaire** ..... p. 44  
M. Fernand Etgen, Président
5. **Ordre du jour** ..... p. 44  
M. Fernand Etgen, Président
6. **Déclaration gouvernementale relative à l'accord entre le Gouvernement et l'Union des entreprises luxembourgeoises (UEL) et les organisations syndicales OGB-L, LCGB et CGFP à l'issue des réunions du Comité de coordination tripartite des 18, 19 et 20 septembre 2022, suivie d'un débat** ..... p. 44  
Déclaration : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État  
Débat : M. Gilles Roth | M. Gilles Baum (dépôt de la motion 1) | M. Yves Cruchten | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser (dépôt de la motion 2) (interventions de M. Dan Kersch) | Mme Myriam Cecchetti (dépôt de la motion 3) | M. Sven Clement (intervention de Mme Myriam Cecchetti) (dépôt de la motion 4) (interventions de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, et M. Dan Kersch)  
Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

- Motion 1 : M. Gilles Roth | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement | Mme Myriam Cecchetti  
Vote sur la motion 1 (adoptée)
- Motion 2 : M. Gilles Baum | Mme Myriam Cecchetti | M. Fernand Kartheiser  
Vote sur la motion 2 (rejetée)
- Motion 3 : M. Gilles Baum (intervention de M. Dan Kersch) | M. Yves Cruchten | M. Sven Clement | Mme Myriam Cecchetti  
Vote sur la motion 3 (rejetée)
- Motion 4 : M. Sven Clement | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | M. Sven Clement (intervention de M. le Premier Ministre Xavier Bettel) | M. le Premier Ministre Xavier Bettel (intervention de M. Dan Kersch)  
Vote sur la motion 4 (rejetée)
7. **Résolution de M. Claude Wiseler concernant l'appel aux autorités iraniennes à cesser la répression brutale des manifestations en Iran** ..... p. 60  
Dépôt et exposé : M. Claude Wiseler  
Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État  
Vote sur la résolution (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert et M. François Bausch, Vice-Premiers Ministres ; M. Claude Turmes, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferding, M. Georges Engel et Mme Yuriko Backes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 16.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

## 2. Communications

Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, an déi vun deenen, déi zrëckgezu gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Den Artikel 114 vun der Verfassung gesäit vir, datt den zweete Vott iwwer eng Verfassungsännerung duerch e Referendum kann ersat ginn. Esou wéi et am Kapitel 22 vum Chambersreglement preziséiert ass, fënnt dëse Referendum statt, wa bannent zwee Méint méi wéi ee Véierel vun den Deputéierten dozou d'Demande mécht.

Den Här Fernand Kartheiser huet den 13. Juli 2022 als Député initiateur opgrond vum Artikel 189 vum Chambersreglement eng Demande fir e Referendum iwwert d'Proposition de révision des chapitres IV et Vbis de la constitution Nr. 7777 agereecht. Bannent deenen zwee Méint ass dës Demande just vun engem eenzegen Deputéierten ënnerstëtzt ginn.

(Brouhaha et hilarité)

Laut dem Artikel 191 vum Chambersreglement ass dës Demande deemno irrecevabel.

## Communications du Président – séance publique du 28 septembre 2022

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

8048 – *Projet de loi portant certaines modalités d'application et sanctions du règlement (UE) n° 1257/2013 du 20 novembre 2013 relatif au recyclage des navires et modifiant le règlement (CE) n° 1013/2006 et la directive 2009/16/CE et modifiant la loi modifiée du 9 novembre 1990 portant approbation de certaines conventions internationales en matière maritime*

Dépôt : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 18/07/2022

8050 – *Projet de loi ayant pour objet d'autoriser le Gouvernement à subventionner l'exécution d'un onzième programme quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique*

Dépôt : M. Lex Delles, Ministre du Tourisme, le 20/07/2022

8051 – *Projet de loi portant :*

1° *modification du Code de procédure pénale ;*

2° *modification de la loi du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne*

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 21/07/2022

7863A – *Projet de loi sur les référendaires de justice et portant modification de :*

1° *la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;*

2° *la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ;*

3° *la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif ;*

4° *la loi modifiée du 27 juillet 1997 portant organisation de la Cour constitutionnelle ;*

5° *la loi modifiée du 7 juin 2012 sur les attachés de justice ;*

6° *la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise*

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 22/07/2022

8052 – *Projet de loi portant modification :*

1° *de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;*

2° *du Code pénal ;* 3° *de la loi modifiée du 19 juillet 2004 sur l'aménagement communal et le développement urbain*

Dépôt : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, le 25/07/2022

8053 – *Projet de loi modifiant*

1) *La loi modifiée du 10 août 1915 sur les sociétés commerciales*

2) *La loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises aux fins de transposer la Directive (UE) 2019/2121 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 modifiant la directive (UE) 2017/1132 en ce qui concerne les transformations, fusions et scissions transfrontalières*

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 27/07/2022

8054 – *Projet de loi portant modification de l'article 80 de la loi du 8 juin 1999*

a) *sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État ;*

b) *portant modification de la loi du 10 mars 1969 portant institution d'une inspection générale des finances ;*

c) *portant modification de la loi modifiée du 16 août 1966 portant organisation des cadres de la trésorerie de l'État, de la caisse générale de l'État et du service du contrôle de la comptabilité des communes et de certains établissements publics*

Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 27/07/2022



8055 – *Projet de loi portant :*

1<sup>o</sup> *modification de :*

a) *la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;*

b) *la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière ;*

c) *la loi modifiée du 30 mai 2018 relative aux marchés d'instruments financiers ;*

2<sup>o</sup> *mise en œuvre du règlement (UE) 2022/858 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2022 sur un régime pilote pour les infrastructures de marché reposant sur la technologie des registres distribués, et modifiant les règlements (UE) n<sup>o</sup> 600/2014 et (UE) n<sup>o</sup> 909/2014 et la directive 2014/65/UE*

Dépôt : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances, le 27/07/2022

8056 – *Projet de loi portant modification :*

1<sup>o</sup> *de la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice ;*

2<sup>o</sup> *de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat*

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 28/07/2022

8057 – *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire*

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Défense, le 28/07/2022

8058 – *Projet de loi relative au financement du contrat de service public pour l'exploitation du service de transport public par chemin de fer*

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 29/07/2022

8059 – *Projet de loi portant approbation de l'amendement de la Convention sur la circulation routière, faite à Vienne, le 8 novembre 1968, ouvert à la signature le 14 janvier 2021*

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 29/07/2022

8060 – *Projet de loi concernant le soutien au développement durable des zones rurales*

Dépôt : M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, le 02/08/2022

8061 – *Projet de loi portant sur les préemballages non revêtus du symbole « e » et la vente en vrac dans le secteur de la métrologie légale*

Dépôt : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 02/08/2022

8062 – *Projet de loi relative au financement de l'exploitation des transports scolaires par autobus*

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 05/08/2022

8063 – *Projet de loi portant fixation des conditions de travail et de rémunération du personnel enseignant de l'enseignement musical dans le secteur communal*

Dépôt : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, le 12/08/2022

8064 – *Projet de règlement grand-ducal*

1<sup>o</sup> *fixant les critères de durabilité et de réduction des émissions de gaz à effet de serre pour les biocarburants, les bioliquides et les combustibles issus de la biomasse ; et*

2<sup>o</sup> *abrogeant le règlement grand-ducal modifié du 27 février 2011 fixant les critères de durabilité pour les biocarburants et bioliquide*

Dépôt : M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie, le 30/08/2022

8065 – *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale*

Dépôt : M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure, le 17/08/2022

8066 – *Projet de loi portant modification de :*

1<sup>o</sup> *la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;*

2<sup>o</sup> *la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale*

Dépôt : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 18/08/2022

8067 – *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 31 mars 1958 portant organisation des cadres de l'administration gouvernementale*

Dépôt : M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique, le 25/08/2022

8068 – *Projet de loi sur le régime d'indemnisation et de compensation opérationnel de l'Armée luxembourgeoise et portant abrogation de la loi du 22 avril 2009 portant réglementation des compensations et récupérations en faveur du personnel militaire de carrière pour sa participation aux entraînements et instructions militaires ainsi qu'au service de garde*

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Défense, le 25/08/2022

8069 – *Projet de loi en faveur de l'accueil, de l'orientation, de l'intégration et de l'accompagnement scolaires des élèves nouvellement arrivés et portant :*

1<sup>o</sup> *création du Service de l'intégration et de l'accueil scolaires ;*

2<sup>o</sup> *modification de :*

1<sup>o</sup> *la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées ;*

2<sup>o</sup> *la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental*

Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 02/09/2022

8070 – *Projet de loi portant modification :*

1<sup>o</sup> *du Code du travail ;*

2<sup>o</sup> *de la loi modifiée du 9 novembre 1990 ayant pour objet la création d'un registre public maritime luxembourgeois ;*

3<sup>o</sup> *de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;*

4<sup>o</sup> *de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux, en vue de la transposition de la directive (UE) 2019/1152 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 relative à des conditions de travail transparentes et prévisibles dans l'Union européenne*

Dépôt : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 07/09/2022

8072 – *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne*

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 13/09/2022

8073 – *Projet de loi modifiant la loi du 2 juillet 2022 relative à une subvention de loyer*

Dépôt : M. Henri Kox, Ministre du Logement, le 19/09/2022

7479A – *Projet de loi relative à la concurrence et portant :*

1<sup>o</sup> *organisation de l'Autorité nationale de concurrence ;*

2<sup>o</sup> *modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat ;*

3<sup>o</sup> *modification de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives ;*

4<sup>o</sup> *modification de la loi modifiée du 10 février 2015 relative à l'organisation du marché de produits pétroliers ;*

5<sup>o</sup> *modification de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;*

6<sup>o</sup> *modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 relative à la profession de l'audit ;*

7<sup>o</sup> *modification de la loi du 5 mars 2021 relative à certaines modalités de mise en œuvre du règlement (UE) n<sup>o</sup> 2019/1150 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 promouvant l'équité et la transparence pour les entreprises utilisatrices de services d'intermédiation en ligne ;*

8<sup>o</sup> *modification de la loi du 1<sup>er</sup> juin 2021 sur les relations entre entreprises au sein de la chaîne d'approvisionnement agricole et alimentaire*

Initiation par transformation sur décision de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace, le 22/09/2022

7479B – *Projet de loi relative à la fixation des prix par voie de règlement grand-ducal et modifiant la loi du jj/mm/aaaa relative à la concurrence*

Initiation par transformation sur décision de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace, le 22/09/2022

8074 – *Projet de loi portant dérogation temporaire au délai de conclusion des contrats d'apprentissage prévu à l'article L. 111-3, paragraphe 4, du Code du travail*

Dépôt : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 26/09/2022

8075 – *Projet de loi portant modification de la loi du 15 juillet 2022 visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine*

Dépôt : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, le 27/09/2022

3) *Le projet de loi et les propositions de loi suivants ont été retirés du rôle des affaires :*

7276 – *Projet de loi instituant un régime de protection de la jeunesse et portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire*

Dépôt : M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 13/04/2018

Retrait du rôle des affaires : 21/07/2022

7453 – *Proposition de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003*

Dépôt : MM. Sven Clement et Marc Goergen, Députés, le 27/06/2019

Retrait du rôle des affaires : 19/09/2022

7823 – *Proposition de loi Portant modification de*

1. *la loi électorale modifiée du 18 février 2003*

2. *la loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques au registre national des personnes physiques, à la carte d'identité, aux registres communaux des personnes physiques et portant modification de*

1) *l'article 104 du Code civil ;*

2) *la loi modifiée du 30 mars 1979 organisant l'identification numérique des personnes physiques et morales ;*

3) *la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;*

4) *la loi électorale modifiée du 18 février 2003*

*et abrogeant*

1) *la loi modifiée du 22 décembre 1886 concernant les recensements de population à faire en exécution de la loi électorale et*

2) *l'arrêté grand-ducal du 30 août 1939 portant introduction de la carte d'identité obligatoire*

Dépôt : M. Sven Clement, Député, le 12/05/2021

Retrait du rôle des affaires : 19/09/2022

4) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

2407 – Demande de pétition publique : Action citoyenne contre la vente de drogues illicites

Dépôt : M. Olivier Raynaud, le 13/07/2022

2408 – Demande de pétition publique : Que seulement les résidents du Luxembourg ont le droit de déposer une pétition

Dépôt : M. Saïf Jebabli, le 13/07/2022

2409 – Demande de pétition publique : Limiter la hausse des prix sur les produits essentiels à la vie courante

Dépôt : M. Christophe Jordão, le 13/07/2022

2410 – Demande de pétition publique : Pension

Dépôt : Mme Silvia Wergin, le 13/07/2022

2411 – Demande de pétition publique : Port du casque obligatoire pour les cyclistes

Dépôt : M. Christophe Lambermont, le 13/07/2022

2412 – Demande de pétition publique : Géint d'Zwangs-memberschaft bei der CCLuxembourg

Dépôt : M. Marc Faramelli, le 14/07/2022

2413 – Demande de pétition publique : Pour une réduction du temps de fermeture des passages à niveau

Dépôt : M. Serge Cichy, le 14/07/2022

2414 – Demande de pétition publique : Vote annuel pour désigner le bourgmestre d'une commune

Dépôt : M. Ricardo Miguel Da Silva Duarte, le 15/07/2022

2415 – Demande de pétition publique : Aféierung vu 5 Deeg „Congé animal“ pro Joer

Dépôt : Mme Myriam Schanck, le 15/07/2022

2416 – Demande de pétition publique : Limiter les arrêts de maladie sans certificat médical pour arrêter l'exploitation du système

Dépôt : M. Philippe Cravatte, le 20/07/2022

2417 – Demande de pétition publique : 4 jours de travail par semaine avec le même salaire

Dépôt : M. Philippe Cravatte, le 20/07/2022

2418 – Demande de pétition publique : Retrait de document du dossier personnel des fonctionnaires et employé/e/s de l'État ou d'une commune

Dépôt : Mme Lynn Kremer, le 20/07/2022

2419 – Demande de pétition publique : Schietbeem fir d'Déieren op de Wäsen / Des arbres d'ombrage pour le bétail dans les pâturages

Dépôt : Mme Christiane Jung, le 20/07/2022

2420 – Demande de pétition publique : Steuerreform auf Basis des Bürgergehalts und pauschaler Steuersätze

Dépôt : Mme Lene Hansen, le 21/07/2022

2421 – Demande de pétition publique : Steigerung der Produktion erneuerbarer Energie aus der Photovoltaik, indem die staatliche Unterstützung von direkten Subsidien auf Garantie des Bankkredits umgestellt werden

Dépôt : Mme Lene Hansen, le 21/07/2022

2422 – Demande de pétition ordinaire : Eine Steuerreform auf Basis eines Bürgergehalts und pauschaler Steuersätze

Dépôt : Mme Lene Hansen, le 21/07/2022

2423 – Demande de pétition publique : Rauchverbot auf Terrassen

Dépôt : Mme Line Duponselle, le 21/07/2022

2424 – Demande de pétition publique : Abolition de reconnaissance des diplômes secondaires universitaires des pays européens

Dépôt : M. Massimo Regno, le 25/07/2022

2425 – Demande de pétition publique : Augmentation de la valeur des Lunch Pass en raison de l'inflation

Dépôt : M. Konrad Glowka, le 25/07/2022

2426 – Demande de pétition publique : Supprimer les tranches d'imposition de 8 % et 9 % en augmentant l'abattement fiscal de 0 % de 11.265 EUR actuels à 15.009 EUR lorsque la tranche d'imposition de 10 % est déclenchée

Dépôt : M. Konrad Glowka, le 25/07/2022

2427 – Demande de pétition publique : Utilisation interdite des trottinettes électriques dans les zones piétonnes

Dépôt : M. Adrien Lebrun, le 25/07/2022

2428 – Demande de pétition publique : Einführung der Widerspruchslösung bei der Organspende in Luxemburg

Dépôt : M. Ricky Pissinger, le 25/07/2022

2429 – Demande de pétition publique : Pfand op Plastikflaschen an op Béchsen / Pfand auf Plastikflaschen und Getränkedosen / Consigne de bouteilles en plastique et de canettes

Dépôt : M. Olivier Bohnert, le 26/07/2022

2430 – Demande de pétition publique : Mehrwegsystem / Wéi och an anere Länner soll op de Flaschen a Béchsen, egal, ob Kellerei, Brauerei, Molkerei etc., hei am Land e Mehrwegsystem agefouert ginn

Dépôt : Mme Denise Dostert, le 27/07/2022

2431 – Demande de pétition publique : Waasserstoff-tankstellen-Netz a Lëtzebuerg ufänken, fir de Leit eng propper alternativ zur Elektromobilitéit ze bidden

Dépôt : M. Joé Kinnen, le 28/07/2022

2432 – Demande de pétition publique : Mehr Toiletten für die Busfahrer. Ich selber bin Busfahrerin und ich finde, dass es auf den Hauptachsen nicht genügend Möglichkeiten gibt, damit die Busfahrer(innen), wenn sie mal irgendwo eine Pause machen können, eine Toilette nur für die zugänglich ist. Da müsste unbedingt was geändert werden. Wenn mal ein WC für die da ist, werden die meist von Randalierern kaputt gemacht

Dépôt : Mme Jessica Hansen, le 30/07/2022

2433 – Demande de pétition publique : Lorsque les dépenses déductibles, aux impôts, sont plus grandes que les impôts prélevés, permettre le report de perte pour les particuliers au niveau des impôts, comme pour les commerçants

Dépôt : M. François Christian Jean-Marie Lange, le 04/08/2022

2434 – Demande de pétition publique : Augmenter les dépenses spéciales déductibles couvertes par le minimum forfaitaire de 1.000 EUR (ou d'une autre somme) par ménage en plus de 671 EUR par personne composant le ménage. Chaque ménage a des dépenses en assurances, incompressibles, que le ménage soit composé d'une personne ou de plusieurs personnes

Dépôt : M. François Christian Jean-Marie Lange, le 04/08/2022

2435 – Demande de pétition publique : #BanPrivatejets. Start- a Landefraisen vu Privatjetten zu Lëtzebuerg enorm erhéijen / #BanPrivatejets. Make takeoff and landing fees of private jets in Luxembourg extremely expensive

Dépôt : M. Raffaello Lorenzo Mancini, le 04/08/2022

2436 – Demande de pétition publique : Faisons du permis B100 un permis européen

Dépôt : M. Ergys Shehapi, le 05/08/2022

2437 – Demande de pétition publique : Allgemengt Fëmmverbuert an der Effentlechkeet

Dépôt : M. Claude Muller, le 09/08/2022

2438 – Demande de pétition publique : Fir déi järelech Upassung vun de Steiertabellen un d'Inflation

Dépôt : M. André Schmit, le 10/08/2022

2439 – Demande de pétition publique : L'égalité des droits pour les célibataires sans enfants dans tous les domaines de la fiscalité, de la sécurité sociale, de la retraite, etc.

Dépôt : Mme Julie Laurance, le 10/08/2022

2440 – Demande de pétition publique : De Staat soll selwer Aspierungen u Gas, Energie ... leeschten

Dépôt : M. Joe Schmit, le 11/08/2022

2441 – Demande de pétition publique : Nee zum Ausbau vum Tram vum Boulevard Royal iwwer d'Porte-Neuve

Dépôt : M. Joe Schmit, le 13/08/2022

2442 – Demande de pétition publique : 160 km/h sur nos autoroutes

Dépôt : M. Dominique Nosal, le 13/08/2022

2443 – Demande de pétition publique : Erlaubnis, mit einem D-Führerschein einen Camper über 3,5 Tonnen zu fahren

Dépôt : Mme Jessica Hansen, le 14/08/2022

2444 – Demande de pétition publique : Panneauen/héijen Drot vu max. 4 Meter op de Stroossen, Autobunnen, etc. ouni Lächer dotëschen. Fir d'Ëmkomme vun den Déieren ze verhënnere

Dépôt : Mme Mirja Tredemy Welter-Baranek, le 17/08/2022

2445 – Demande de pétition ordinaire : Temps partiel et télétravail

Dépôt : Mme Cindy Molter, le 01/08/2022

2446 – Demande de pétition ordinaire : Wunnengsmarché

Dépôt : M. Joe Schmit, le 08/08/2022

2447 – Demande de pétition publique : Terrasses du sec-teur café / brasserie / restauration et arrêts de bus couverts non-fumeurs

Dépôt : M. Thierry Barbier, le 24/08/2022

2448 – Demande de pétition publique : Camping-Adresse. Jeder, der auf dem Camping wohnt, sollte sich auch auf dieser Adresse anmelden dürfen

Dépôt : Mme Samantha Benz, le 24/08/2022

2449 – Demande de pétition ordinaire : Limitation de vitesse à 110 km/h sur tout le trajet entre Kirchberg et Mersch

Dépôt : M. Emmanuel Grimée, le 28/07/2022

2450 – Demande de pétition ordinaire : Pétition pour faire appliquer des mesures visant à réduire la consommation d'énergie durant les heures de fermeture des bureaux et des commerces

Dépôt : Mme Nathalie Medernach, le 26/08/2022

2451 – Demande de pétition publique : Pouvoir mettre son adresse comme résidence principale sur un camping au Luxembourg

Dépôt : M. David Claerebout, le 31/08/2022

2452 – Demande de pétition publique : Verdoppelung der Steuer auf Zigaretten, E-Zigaretten und Tabakwaren

Dépôt : M. Abner Andrey Martinez Zamudio, le 01/09/2022

2453 – Demande de pétition publique : Subvention fürs Nachrüsten eines Akkus bei Betreiben einer PV-Anlage mit Überschusseinspeisung

Dépôt : M. Pit Frederes, le 01/09/2022

2454 – Demande de pétition publique : Effentlechen Transport an Autobunnen net méi gratis

Dépôt : M. Kevin Krier, le 02/09/2022



2455 – Demande de pétition publique : Pfand auf Getränkebehälter (Glas, Plastik und Metall) zwecks Umwelt- und Ressourcenschutz

Dépôt : Mme Vanessa Leuters, le 06/09/2022

2456 – Demande de pétition ordinaire : Leben

Dépôt : Mme Cynthia Federspiel, le 05/09/2022

2457 – Demande de pétition publique : Prime de vacances et prime de fin d'année, comme dans les pays limitrophes

Dépôt : M. Kokou Dona Amegnignou, le 07/09/2022

2458 – Demande de pétition publique : Interdiction des terrasses chauffées

Dépôt : M. José Bento Pedreira Pereira, le 08/09/2022

2459 – Demande de pétition publique : Distribution d'un kit gratuit pour au moins 1 mois de vitamines et minéraux soutenant notre système immunitaire pendant la saison hivernale

Dépôt : Mme Nathalie Kremer, le 10/09/2022

2460 – Demande de pétition ordinaire : Introduction d'une distance minimum entre les zones résidentielles et les hélicoptères

Dépôt : M. Alain Roesgen, le 13/09/2022

2461 – Demande de pétition publique : Offrir des incitations fiscales pour la production, l'importation, la commercialisation des carburants au bioéthanol (Superéthanol-E85)

Dépôt : M. Eduardo Maiello, le 13/09/2022

2462 – Demande de pétition ordinaire : Pour la construction d'un ombrage ou d'un enclos à la station de tram Place de Metz

Dépôt : M. Harsh Kandoi, le 13.09.2022

2463 – Demande de pétition ordinaire : 48 lëtzebuergesch Dingos fir d'Ukrain

Dépôt : M. Romain Reiter, le 16/09/2022

2464 – Demande de pétition publique : Révision des démarches du CCSS, du STM et de l'ADEM, notamment pour les personnes fragilisées

Dépôt : M. Cédric Lejeune, le 18/09/2022

2465 – Demande de pétition publique : Ënnerscheed zwëschen 125 ccm oder 1000 ccm

Dépôt : M. Serge Besch, le 20/09/2022

2466 – Demande de pétition publique : Obliger les propriétaires à payer les frais d'agence

Dépôt : Mme Catarina Coimbra Rodrigues, le 21/09/2022

2467 – Demande de pétition publique : Semaine de 4 jours de 9 h (36 h par semaine) avec 2 jours de télétravail

Dépôt : M. Giuseppe Sintino, le 26/09/2022

2468 – Demande de pétition publique : Droits égaux

Dépôt : M. Carlos Gouveia Freitas, le 26/09/2022

2469 – Demande de pétition publique : Garde des enfants partagés

Dépôt : M. Carlos Gouveia Freitas, le 26/09/2022

2470 – Demande de pétition publique : Inscrire dans la Constitution luxembourgeoise le droit de payer en espèces de façon illimitée

Dépôt : M. Jorge Manuel Dos Santos Simões, le 27/09/2022

2471 – Demande de pétition publique : Impôt

Dépôt : M. Julien Leclerc, le 27/09/2022

5) L'article 114 de la Constitution prévoit que « le texte adopté en première lecture par la Chambre des députés est soumis à un référendum, qui se substitue au second vote de la Chambre [...] ». Conformément au chapitre 22 du

Règlement de la Chambre des Députés, le référendum a lieu « si dans les deux mois suivant le premier vote de demande en est faite par plus d'un quart des membres de la Chambre ».

M. Fernand Kartheiser, député initiateur, a déposé, le 13 juillet 2022, une telle demande d'organiser un référendum sur la proposition de révision des Chapitres IV et Vbis de la Constitution – n° 7777. Cette demande ayant été soutenue par un seul député, conformément à l'article 191 du Règlement de la Chambre des Députés, elle est irrecevable.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Institution d'une commission spéciale

Nom Artikel 21 vun eisem Reglement gëtt proposéiert, eng Spezialkommissioun „Tripartite“ an d'Liewen ze ruffen. D'Missioun vun där Spezialkommissioun soll et sinn, d'Projets de loi, déi d'Accorde vun dësen Tripartite-Verhandlungen ëmsetzen, ze begleeden, an dat bis zur Adoptioun vun deenen entsprechende Rapporten.

Wat d'Zesummstellung vun där Spezialkommissioun ugeet, esou gëtt proposéiert, datt déi déi selwecht soll si wéi déi viregt Tripartite-Spezialkommissioun. Dat heescht, fir d'CSV d'Madamm Martine Hansen, den Här Laurent Mosar, den Här Gilles Roth, den Här Marc Spautz an den Här Claude Wiseler, fir d'DP den Här Guy Arendt, den Här André Bauler an den Här Gilles Baum, fir d'LSAP den Här Yves Cruchten, den Här Mars Di Bartolomeo an den Här Dan Kersch, fir déi gréng den Här François Benoy, fir d'ADR den Här Fernand Kartheiser a fir d'Piraten den Här Sven Clement.

Ass d'Chamber mat der Schafung vun där Spezialkommissioun souwéi mat hirer Zesummstellung averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Här President!

M. Fernand Etgen, Président | D'Madamm Lorsché freet d'Wuert.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Kéint et sinn, dass Der mech vergiess hut?

Plusieurs voix | O!

M. Fernand Etgen, Président | Jo. Entschëllegt, Madamm Lorsché. Dir stoungt net hei um Ziedel, mee Dir sidd ni vergiess!

(Hilarité)

Och d'Madamm Lorsché gehéiert zu där Kommissioun. Jo, jo. Entschëllegt dir.

### 4. Changement de composition d'une commission parlementaire

D'Fraktioun vun deene Gréngen huet, wat d'Zesummstellung vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire ugeet, follgend Propositionen eragereecht: D'Madamm Jessie Thill ersetzt d'Madamm Djuna Bernard.

Gëtt et iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

(Négation)

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass.

Ass d'Chamber mat där Ännerung averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 5. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass Iech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 6. Déclaration gouvernementale relative à l'accord entre le Gouvernement et l'Union des entreprises luxembourgeoises (UEL) et les organisations syndicales OGB-L, LCGB et CGFP à l'issue des réunions du Comité de coordination tripartite des 18, 19 et 20 septembre 2022, suivie d'un débat

Mir héieren haut de Mëtten eng Deklaratioun vun der Regierung iwwert d'Resultater vun den Tripartite-Verhandlungen mat de Sozialpartner. Uschléissend féiert d'Chamber eng Debatt, bei där all Fraktioun an all Sensibilitéit 15 Minutten zegutt huet. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

#### Déclaration

M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt erlaabt mer, Iech am Numm vun der Regierung Merci ze soe fir d'Disponibilitéit, dass mer eis haut de Mëtteg kënnen hei am Plenum treffen, well ech wëll Iech och am Numm vun der Regierung matdeelen, datt mir haut am fréien Nomëtten den Accord mat de Sozialpartner ënnerschriwwen hunn, de Solidaritéitspak 2.0. Mir hunn op d'Ënnerschrëfte gewaart, fir eis och virun deem héijen Haus hei presentéieren ze kënnen.

Viru bal genee engem hallwe Joer stoung ech schonn eng Kéier hei op der Tribün, Här President, fir en erfollegräichen Ofschluss vun enger Tripartite ze presentéieren. Am Mäerz vun dësem Joer huet d'Regierung ronn annerhalef Milliard mobiliséiert, fir de Leit an och de Betriber finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen. Mir waren eis och schonn deemools eens iwwert de Risiko, datt d'Situatioun sech verschlëmmere kéint. Jo, dat ass och de Fall. A mir haten an deem leschten Accord och explizitt virgesinn, datt an deem Fall och eng nei Tripartite aberuff géif ginn.

Datt mir innerhalb vun engem Joer zwou grouss Tripartitten organiséieren, ënnersträicht och déi aussergewöhnlech Situatioun, an där mir ons alleguerten am Moment befannen.

Datt mir et eng zweete Kéier innerhalb vun engem Joer fäerdegbréngen, en Accord zu dräi ze fannen, weist, datt et de Sozialdialog zu Lëtzebuerg net nëmme gëtt, mee datt en och funktionéiert. Jo, de Sozialdialog lieft, an dat ass och gutt esou. D'Tripartite ass a bleift en eenzegaartegt Instrument, dat onsem Land zanter Joerzéngte soziale Fridden an och ekonomesch Stabilitéit garantéiert.

Mir meeschtere Krisen, an ech muss Iech soen, och am beschten, wa mer zesummenhalen. D'Tripartite stellt sécher, datt déi ënnerschiddlech Positiounen vu Gewerkschaften a Patronat gehéiert ginn, an erlaabt et der Regierung, e Kompromëss ze verhandelen, deen d'Besoinen vun allen Acteuren am Land hei berécksiichtegt. Dës Verhandlungen sinn net einfach, dat kann ech och net verstoppen, an dat war och dës Kéier net de Fall. Dat, wat wichteg ass, ass, dass mer et awer fäerdegbruecht hunn, zesummen – an ech insistéieren op den „zesummen“ – mat de Sozialpartner eng gutt gemeinsam Lösung ze fannen.

Mir befannen ons an enger vun de schlëmmste Krisen an der Geschicht vun onsem Land. D'Leit an d'Betribler brauchen Hëllef. Net nëmmen Hëllef, mee séier Hëllef!

Ech hunn och schonn am Summer ugedeit, datt et fir mech net virstellbar ass, dass d'Indextranche einfach esou géif ewechfalen, ouni datt mer de Leit géifen hëllefen, déi och nach mat héijen Energiepräisser konfrontéiert sinn. Ech hunn et virun der Tripartite gesot an ech sinn och frou, dass dat och ee vun de Resultater vun dëser Tripartite ass, nämlech: Mam Accord, dee mir fonnt hunn, wäert keng Indextranche ewechfalen. All Indextranche wäert dat nächst Joer genee esou ausbezuelet ginn, wéi deen normale gesetzleche Mechanismus vum Index dat och virgesäit. Dat ass eng gutt Noriicht. Dat ass eng gutt Noriicht fir all Mënsch, deen hei am Grand-Duché schafft oder och eng Pensioun bezitt. Den automateschen Ausgleich vum Kafkraaftverloscht ass mat dësem Accord och garantéiert. Den Indexsystem eleng geet awer net duer, fir dës Kris ze meeschten.

Mir waren ons all eens, dass mir de Problem un der Wuerzel mussen upaken an net nëmme probéieren, d'Symptomer ze bekämpfen. An ech wëll och do den Deputéierte vun der Majoritéit a vun der Oppositioun Merci soen, déi ënnerstrach hunn, dass d'Symptombekämpfung hei net géif duergoen, mee de Problem misst ugepaakt ginn.

Dowéinst ass och d'Hauptzil vun dësem Solidaritéitspak 2.0, d'Inflatioun ofzeschwächen, an zwar séier. Mir mussen d'Inflatioun an de Grëff kréien, fir esouwuel de Menagen hir Kafkraaft ze erhalte wéi och de Betribler hir Kompetitivitéit kënnen ze garantéieren. Mir hunn als Land kaum Afloss op d'Entwécklung vun den Energiepräisser. Et ass méi wéi eng Kéier och scho gesot ginn: Mir importéiere ronn 80 % vum Stroum a jee 100 % vum Gas a vum Pétrol aus dem Ausland.

Dofir hu mir no nationale Léisunge gesicht, fir d'Inflatioun auszebremmen. D'Resultat ass en Antiinflatiounspak, deen et esou an där Form an Envergure hei am Grand-Duché och nach ni ginn ass. Mat Präisbremmen, Deckelen a Subventiounen bei den Energien entlaaschte mir op direktem Wee d'Bierger do, wou si et am meeschte spieren, nämlech direkt op hirer Rechnung.

D'Gaspräisser sinn déi lescht Méint duerch de Plafong gaangen. Et goufen Haussé vu bis zu 103 % virausgesot an aner Zuele sinn och nach circuléiert. Mir hunn ons op eng Deckelung bei enger maximaler Haussé vu 15 % vun den aktuelle Gaspräisser gëeent. Dat bedeit, datt d'Stéit ab elo direkt, ab Oktober, maximal 15 % méi op hirer Rechnung bezuele par rapport zu den duerchschnëttleche Präisser vu September 2022. Bis 2023 wäert de Staat och weider Reseauskäschen iwwerhuelen.

Och beim Stroum si staark Haussé fir déi nächst Méint virausgesot. De Stroum fir d'Stéit deckele mir dowéinst komplett vu Januar bis Dezember 2023 op de Präis vun 2022. Duerch dës Mesurë ginn d'Präisser stabiliséiert, d'Menagë kréie Previsibilitéit, hire Portmonni gëtt entlaascht an och d'Inflatioun gëtt daitlech ofgeschwächt.

D'Regierung wäert och Mesuren annouciéieren, fir d'Präishaussé vum Stroum bei de Chargy-Bornen a bei den elektresch bedriwwene Bussen ofzebremmen. Beim Masutt wäert de Staat déi bestoend Hëllef verdeebelen an och verlängeren. Ab November 2022 geet d'Kompensatioun vu 7,5 op 15 Cent de Liter erop.

D'Regierung – an do wëll ech och dem Energieminister Merci soen – huet mat de Fournisseuren ofgemaach, dass déi annouciéiert Haussé bei den Avancé

fir de Mount Oktober net erfale respektiv zrëckgehooll ginn, wat och wichteg als Informatioun ass. Dofir och e grouse Merci.

Esou stelle mir eeben och fest, dass duerch d'Akraafttriede vun den néidege Gesetzestexten d'Bierger ouni zäitlech Verzögerung awer entlaascht ginn. D'Procédure législative hält seng Zäit, mee d'Rechnunge kommen an den nächsten Deeg.

Mir wollt bei dësem Mesurëpak kee vergiessen, Här President, egal op wat fir eng Manéier een doheim hëtz. De Wanter ass fir jiddereen kal, an eppes hunn ech scho virun der Tripartite ugekënnegt: Hëtzen dierf net e Luxus sinn! Dofir deckele respektiv subventionéiere mir d'Präisser bei Stroum, Gas, Masutt an och bei de Pellets.

Gläichzäiteg verléiere mir net déi dréngend noutwendeg Energietransitioun aus den Aen. Dat wier e grouse Feeler. Mir hëllefen all Bierger, gutt iwwert de Wanter ze kommen, a mir schafe gläichzäiteg och Initiativen, fir de Bierger beim Émklamme vu fossilen Energien op méi klimafreundlech Technologien ze ënnerstëtzen. Dës nei Klimabonushëllef sinn explizit och en Deel vun dësem Accord, dee mir ënnerschriwwen hunn. Fir Detailler verweisen ech och op den Text, deen d'Regierung no der Signature der Chamber zoukomme gelooss a verëffentlecht huet.

Am Accord kënnt Dir och déi genee Modalitéite vun den eenzele Mesuren noliessen, mat deene mir d'Energiepräisser ausbremse wäerten. D'Regierung wäert esou séier wéi méiglech déi néideg Gesetzesprojeten op den Instanzewege bréngen.

Eng zousätzlech Mesure, fir d'Kafkraaft vun de Menagen ze erhéien an d'Inflatioun ze bremsen, ass och eng exceptionell Mesure, déi mer geholl hunn. Dat ass d'Erofsetze vun der TVA. Vum 1. Januar bis den 31. Januar 2023 geet den normalen Taux vu 17 % op 16 % erof, den Taux intermédiaire vu 14 % op 13 % erof an den Taux réduit vun 8 % op 7 % erof. Ech rufen d'Entreprise op, dës Baisse vun der TVA op hire Produiten a Services wierklech ëmzesetzen, fir eeben och deen Impakt op d'Inflatioun ze hunn, wat jiddwerengem zeguttkënnt, sécher dem Consommateur, mee virun allem à la fin du compte, wann d'Rechnung gemaach gëtt, de Betribler.

D'Energiepräismesuren an d'Erofsetze vun der TVA wäerten d'Inflatioun an deenen nächste Méint staark ausbremmen. Dat hu mer och vum Statec presentéiert kritt.

Verschiede Leit, Här President, sinn der Meinung, datt dës Mesuren net cibléiert a sozial selektiv genuch sinn. Et stëmmt. Et stëmmt, dass jiddweree vun dëse Mesurë profitéiere wäert. Mee ouni dës flächendeckend Applikatioun vun de Mesurë wier den Impakt op d'Inflatioun eeben net deen, deen ee gebraucht huet. E wier net grouss genuch gewies, fir déi negativ Konsequenzen op d'Kafkraaft an d'Attraktivitéit vun onsem Wirtschaftsstanduert eeben ofzefiederden.

Mir hunn all Zenarioen e puermol duerchgerechent. Et si genee déi Mesuren, déi mir Iech haut presentéieren, déi néideg sinn, fir d'Inflatioun an de Grëff ze kréien. Et si mat deem enge Calcul, mat deem anere Calcul all verschidden Zenarioen gemaach ginn. Dat doten ass deen, deen dee gréissten Impakt op d'Inflatioun huet. An ech muss Iech soen, dass dat och eng gemeinsam Prioritéit net nëmme vun der Regierung, mee och vun de Sozialpartner war. Dat heescht awer net, dass de Solidaritéitspak 2.0 guer net sozial selektiv wier. Au contraire: Mat cibléierte Mesuren hëllefe mir eeben deene Bierger a Betribler, déi et och am dréngendste brauchen.

De Mindestloun wäert ab Januar 2023 ëm iwwer 3 % eropgesat ginn. Leit mat klengen Akommes profitéieren also net nëmme vun zwou Indextranchen, déi jo

bis Abrëll ausbezuelet ginn, mee och vun enger zousätzlecher Haussé vun hirer Pai.

D'Prime énergie gëtt och bis 2023 verlängert. D'Stéit, déi en Urecht op d'Allocation de vie chère hunn, kréien eng zousätzlech Prime unique vu bis zu 400 Euro. D'Allocation de vie chère gëtt mat den Erhéijunge vum 1. Januar 2022 och weidergefuert. D'Menagen, deenen hire Revenu bis zu 25 % iwwert dem normale Revenu d'éligibilité vun der Allocation de vie chère läit, kënnen och vun den Energieprimen profitéieren.

Ab dem 1. Oktober a bis Enn 2023 bedeelegt sech de Staat och finanziell un den Haussé vun den Energiekäschen an de CIPAen, de Maisons de soins, de Logements encadrés an an de Centres de jour psycho-gériatriques. Mir hunn als Regierung ausserdeem mat deene Prestatairengemaach, datt si während der Durée vun dësem Accord nieft der normaler Indexéierung keng zousätzlech Präishaussé virhuelen.

Mat dësen dräi cibléierte Mesuren hëllefe mir virun allem deene Stéit, déi et am Moment och am schwéiersten hunn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

D'Regierung steet och weiderhin zu hirem Wuert, en engem méi gerechte Steiersystem ze schaffen. Och fir Betribler ginn déi bestoend Aiden ugepasst, erhéicht an et ginn och nei Aidë bäigesat. Och dës Aidë si cibléiert an hëllefe virun allem deene Betribler, déi a Schwieeregkeete gerode sinn.

De Régime d'aides, deen duerch de Solidaritéitspak agefuert gouf, gëtt nämlech amendéiert a gëtt och ausgeweit. D'Période de référence nämlech fir dës Aidë gëtt ugepasst a wäert an Zukunft dee Mount sinn, fir deen eng Demande och gestallt gëtt, an net méi d'Joer 2021, wéi dat bis elo och de Fall war. Esou droe mer deenen neisten Entwécklung besser Rechnung.

Dës Hëllefen ënnerleien och dem Accord vun der Europäescher Kommissioun. Et ass sech och op eng nei Hëllef fir d'Betribler gëeent ginn. Am Kader vum Kapitel 2.1. vum „Temporary Crisis Framework“ vun der Europäescher Kommissioun féiert d'Regierung eng nei Hëllef fir déi Betribler, bei deenen d'Energiekäschen op d'mannst 2 % vum Chiffre d'affaires ausmaachen, gekuckt op dee Mount, wou d'Demande och agerecht gouf. Ab enger Haussé vun 80 % vun de Stroum- an/oder Gaspräisser kann eng Subventioun an Héicht vu 70 % vun de Méikäsche vun der Haussé vun 80 % ugefrot ginn. Dës Hëllef leeft vun Oktober 2022 bis Juni 2023. Och dës Hëllefen ënnerleien dem Accord vun der Europäescher Kommissioun.

Wéi bei de Menagen sollen och d'Betribler bei hirer energeetescher Transitioun besser ënnerstëtzt ginn. Mir moderniséieren dofir d'Bonification d'impôt, fir verschidden Investitiounen ze favoriséieren, zum Beispill d'Investissementen vu Betribler an d'igital Transformatioun vun hirer Produktioun oder hire Services an och d'Investissementen am Kader vun engem Projet fir d'energetesch an déi ekologesch Transitioun.

D'Regierung leet hei fir 2023 e Projet de loi vir, fir eng Entrée en vigueur ab 2024 och unzeweilen. D'Betribler solle méi a méi hiren eegene Stroum herstellen a consomméieren kënnen, fir an Zukunft och manner de Fluctuatiounen vum Maart ausgesetzt ze sinn. Dofir wäerte mir och d'Autoconsumatiounen duerch Fotovoltaikanlage bei de Betribler nach méi staark fërderen.

D'Regierung encouragéiert d'Betribler och, sech direkt bei de Fournisseuren vum erneierbaren Energien ze apportionéieren. D'Präisser vun esou Energie si stabil



an ènnert dem Niveau vun de Marchéspräisser, déi mer haut kennen.

D'Regierung wäert dofir nei De-Risking-Instrumenter en place setze fir verschidde Secteuren, déi wéinst hiren héijen Energiekäschten en Nodeel hu par rapport zu hirer internationaler Konkurrenz.

Duerch dës Instrumenter kënnen d'Betriber vun Hëllef profitéieren, déi den Ënnerscheed tëschent dem Maartpräis an dem Energiepräis, deen am Kader vun engem PPA (ndlr: Power Purchase Agreement) bezuelt gëtt, ofdecken, am Fall wou d'Energiepräisser um Maart ènnert d'PPA-Präisser géife falen.

Här President, ech verstoppem Iech och net, datt d'Indextranchen an d'Mindestlounerhéijungen ufank vum nächste Joer de Betriber vill Kappzerbrieches maachen. Verschidde Betriber maache sech Suergen, datt si riskéieren, déi héich Energiepräisser an och zousätzlech Lounkäschten net méi droen ze kënnen. Dofir hu mir och zwou Direkthëllefen decidéiert, fir de Betriber bei anere Käschten entgéintzekommen.

Fir 2023 freet de Staat keen Akkont fir d'Cotisations sociales. Dat erlaabt et de Betriber, eng méi equilibréiert Verdeelung vun der Belaaschtung vun de Sozialbetrag an deene verschiddene Méint vum Joer och bezuelen ze kënnen.

Do dernieft gëtt de Projet de loi 8016 bezüglech der Proposition vum der Direktiv iwwert d'Work-Life-Balance amendéiert. Doduerch ginn de Congé d'aidant an de Congé pour raisons de force majeure lié à des raisons familiales urgentes et imprévues dem Employeur vum Staat op Héicht vu 50 % vum Coût total rembourséiert.

Falls eng drëtt Indextranche dat nächst Joer sollt erfalen, wäert déi och ganz normal ausbezuel ginn. D'Regierung huet sech awer engagéiert, de Betriber dës Tranche fir de Rescht vum Joer 2023 ze kompenséieren, wann dat de Fall wär. An dësem Fall hu mir souwiesou eng Clause de rendez-vous och am Accord ageschriwwen, well ech mengen, dass mer dann och nach aner Problemer riskéieren ze hunn.

Dat nämmecht géllt fir den Zenario, Här President, wa sech erausstellt, dass ufank 2024 e weideren Inflationsschock op ons duerkënnt. An deem Fall géif nämlech eng nei Tripartite iwwert de Phasing-out vun den Antiinflationssmesurë beroden.

Här President, de Solidaritéitspak 2.0 wäert de Staat iwwer eng Milliard Euro kaschten. Zesumme mat de Mesurë vum Energiedesch an der éischter Tripartite huet d'Regierung also ronn 2,5 Milliarde mobiliséiert, fir de Leit an den Entreprises ze hëllefen. Dat ass eng enorm Zomm. Dat ass eng Zomm, déi mir fir d'Wuel vum Land a vu senge Bierger wëllen investéieren. An déi ass och ganz héich, wann ee se vergläicht mam Ausland. Et ass eng Zomm, déi mer ons awer och leeschte kënnen, well dës Regierung et an de leschte Joren ëmmer fäerdegbruecht huet, héich Investitiounen a gesond Staatsfinanzen an Aklank mateneen ze bréngen.

Fir datt mer och an Zukunft den néidege finanziell Sputt hunn, fir esou gutt op Krisen ze reagéieren, wéi mir et zanter elo iwwer zwee Joer maachen – well ech wëll Iech just drun erënneren, dass mer och nach eng Covidkris hatten, déi och imprevu war a Käschte mat sech bruecht huet –, musse mir op d'Entwécklung vun der Staatsschuld awer och alleguerten oppassen.

Ech schenken der Finanzministesch och mäi vollst Vertrauen, datt si der Regierung an der Chamber am Oktober och e Budget virleet, deen den aktuellen an zukünftigen Erausforderunge gerecht gëtt.

De Solidaritéitspak 2.0 liwwert Äntwerten, Här President, op dréngend Froen, déi vill Bierger an och vill Betriber ons déi lescht Woche gestallt hunn. Déi eenzel Mesuren entsprechen deem, wat onst Land an dëser Situatioun brauch.

Mir hunn, Här President, e staarken Accord ënnerschriwwen, dee vun all de Sozialpartner gedroe gëtt. D'Regierung ass prett, zesumme mat der Chamber d'Ëmsetzung vum Tripartite-Accord och séier virunzudreiwen. Déi zoustänneg Ministeren a Verwaltungse sinn zu Ärer Verfügung, fir mat Iech zesummen an der Tripartite-Kommissioun iwwer all d'Detailer ze diskutéieren an déi néideg Erklärungen ze ginn.

Ech hoffen och hei, Här President, an dësem Haus op eng breet Ënnerstützung fir de Solidaritéitspak 2.0 an op eng breet Ënnerstützung fir d'Viruféiere vum Sozialdialog, deen hei zu Lëtzebuerg eis ganz, ganz vill Succès bruecht huet a ganz, ganz vill Krisen evitéiert huet.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Premierminister Xavier Bettel. Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vun der Regierung.

Mir kommen dann elo zur Debatt. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här Gilles Baum, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Sven Clement. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

**M. Gilles Roth (CSV)** | Merci. Här President, Här Staatsminister, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV steet zu dem Lëtzebuergeser Sozialmodell. Dëse Modell ass fir eis de Garant fir de soziale Fridden hei am Land. Dat war geschlechter de Fall, dat ass haut an dat zielt nach vill méi muer.

Mir woussten als CSV, als Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei vun der Mëtt, a schwéieren Zäite Verantwortung fir Land a Leit ze iwwerhuelen an der Regierung, a mir iwwerhuelen och eis Verantwortung elo an der Opposition. Mir sinn duerfir zum Sozialdialog, mir sinn zur Tripartite an d'CSV steet och zum Index, alles fir eis weesentlech Elementer vum soziale Fridden, vu gelongener sozialer Kohäsioun fir d'Land an och fir seng Leit. D'CSV steet duerfir och hannert dësem Tripartite-Ofkommes, esou wéi de Premier en elo just presentéiert huet.

An ech soen och jiddwerengem Merci, deen zu dësem Tripartite-Ofkommes bäigedroen huet. Ech soen awer gradesou dättelech wéi mer dat am März d'lescht Joer an dëst Joer gesot hunn: Bei dësem Accord kafe mir keng Kaz am Sak!

Mir krute geschlechter um 12.30 Auer d'Convocatioun fir dës Sitzung, mir kruten eng Version complète vum dem Accord um 15.00 Auer, also virun enger Stonn, a mir hunn d'Presentatioun vun dem Accord elo vun dem Staatsminister héieren. Am gesonde Parlamentarismus an Respekt virun der Chamber, hätt een dat och kënnen am Virfeld e bëssen anescht kordinéieren.

*(Interruption)*

Mee ech soe ganz kloer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net eis Ambitioun, fir den Accord nei ze negociéieren, mee mir hannerfroen awer d'Zuelen! A mir wäerten och d'Gesetzer, déi den Accord sollen a Musek ëmsetzen, kritesch a konstruktiv begleeden. A mir kucke virun allem, ob dat, wat

zwëschent de Sozialpartner ofgemaach ass, sech och herno an dem Gesetzestext eent zu eent erëmispigelt. Dat hu mir am Fréijoer gemaach, a mat aller Bescheidenheet muss ech soen, mengen ech, war eisen Input do net zum Nodeel vu gudder parlamentarescher Aarbecht.

Här President, eng Rei vu Punkten, déi elo an dem Accord stinn, déi hate mir am Virfeld als Oppositionspartei, als Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei, och schonns proposéiert a mir stinn dozou.

Et war éischters e Präisdeckel op den Energiepräisser. An eisen Aen, an ech ënnersträichen et nach eng Kéier, bekämpft een domat net d'Symptomer, mee virun allem d'Ursach vun der Präisdeierecht. An dat kënn souwuel de Bierger – virun allem – zegutt, an, ech hoffen, och engem breeden Deel vun de Betriber.

Ech hunn héieren an och gelies, dass net all Betrib am vollen Émfang vun der Präisbrems profitéiert op den Energiepräisser, mee ech hunn awer elo aus dem Mond vun dem Staatsminister héieren, dass et versicht gëtt iwwert de Wee vu Staatshëllefen, pourvu que, selbstverständlech, dass se am Accord si mat de Régimes d'aides d'État vu Bréissel an dass iwwert dee Wee och de Betriber breet ènnert d'Äerm gegräff gëtt. Dat féint eis Zoustëmmung.

Ech hoffen och, an de President vum Syvicol huet mech drop opmierksam gemaach, dass een d'Gemengen, besonnesch déi kleng Gemengen, net ausser Uecht léisst bei deenen héijen Energiepräisser, déi si och am Interessi vum Land an alle Bierger, déi am Land wunnen, ze stemmen hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Dir Dammen an Dir Hären, keen heibannen an och kee vun de Bierger an de Betriber ka fir d'Konsequenze vun engem geopolitische Sträit, vun engem mënschlech eigentlech wierklech tragesche Krich. Net d'Bierger, net d'Entreprises. Mee och eis Betriber, och wann dat net ëmmer populär ass an der Politik, brauche Previsibilitéit a si packen net x Indextranchen a kierzter Zäit.

Eng Präisbrems op der Energie ass duerfir fir eis als CSV hëllefträich. Mir ënnersträichen awer gradesou kloer, dass dat net d'Allheilmittel an dëser Kris ass.

Eng Präisbrems, an de Staatsminister huet et virudrun ënnerstrach, ass fir deen een oder deen aneren och eng Politik mat der Strenz, oder, wéi et esou oft heescht, eng Politik vu feelender sozialer Selektivitéit. Mee ech soen awer gradesou dättelech am Numm vun eiser Fraktioun, vun eiser Partei, dass virun allem fir eis d'Urgenz vun der Situatioun zielt. Mir hätt gär, dass d'Leit elo virum Wanter ènnert d'Äerm gegräff kréien. All sozial Selektivitéit an Éieren, mee et muss gehandelt ginn, an zwar elo!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Dir Dammen an Dir Hären, jo, dës Kris, déi trëfft d'Leit eigentlech alleguer. A vill Matbierger – an Dir kommt jo als Volleksvertrieeder, grad ewéi mir, vill ronderëm – hu reegelrecht Angst. D'Leit hunn Angst, well si wëssen net, ob se fir sech, mat hire Familljen, de Wanter finanziell packen. Kréie se d'Enner um Enn vum Mount zesummen? Fir vill geet dat elo schonns net méi.

Hu si genuch Mëttelen, hu si genuch finanziell Mëttelen fir Hëtzes, fir Spritt, fir Liewensmëttelkäschten – och déi si vill méi deier ginn –, fir Prëten? Och déi wäerten am Oktober an d'Luucht goen, fir d'Loyerer an d'Chargen ze bezuelen. An dat trëfft virun allem Famillje mat niddregem Akommes. Mee dat trëfft awer och, an dat soll ee kloer soen, eng ëmmer méi breet Mëttelschicht. A grad si ass d'Réckgrat vun der Lëtzebuerg

Gesellschaft. An dat dierfe mir heibannen, an all d'Par-teien, déi vertruede sinn, net ennerschätzen.

Duerfir hate mir och als CSV relativ fréi am Joer schonns gefuerdert, de Krees vun de Leit, déi an de Genoss vun enger Energieprimm kommen – niewent der Allocation de vie chère – ze verbreedern. D'sozial Selektivitéit, d'sozial Emverdeelung, d'sozial Gerech-tegkeet, déi mir brauchen, soll awer an eisen Aen, an den Ae vun der CSV, virun allem iwwert d'Steiere geschafe ginn. „Mit Steuern steuern!“, heescht et, an dat zielt fir eis emsou méi a Krisenzäiten. An do musse breet Schëlleren och bereet sinn, fir méi breet ze droen.

Zweetens, mir haten och als CSV schonns viru Méint proposéiert, d'Akzisen, d'Taxen an och d'TVA op Ener-gieprodukter op den europäesche Minimum erofzeset-zen. Well bei deenen héijen Energiebasispräisser si mir der Meenung, a mir bleiwen der Meenung, dass de Staat eigentlech net nach zousätzlech Taxen an Akzise kann dropleeën, esou dass fir d'Leit den Erwerb vun deenen Energieprodukter nach méi deier gött.

An ech soen och duerfir ganz kloer, dass mer begréis-sen, a mir ennerstëtzen dat, dass d'Reduktioun vun der TVA kënnt, um Gas, um Elektresch an doriwwer eraus op alle Produkter an och virun allem op all Leeschtungen, well déi falen och an d'Reduktioun vu 17 op 16 % vun der TVA.

Drëtzens, d'CSV steet zum Index. Et ass fir eis en In-strument vum Ausgläich vun der Präisdeierecht. Mir stinn eigentlech do op där selwechter Linn wéi prak-tesch all d'Gewerkschaften. An och hei muss an eisen Aen déi sozial Selektivitéit iwwert d'Steiere geschafft ginn.

Véiertens, mir begréissen och d'Ennerstëtzungsmoos-snamen am Interessi vun de Betriber. Wéi gesot, d'Entreprisë brauche Previsibilität. Si kënne keng x Indexranchen an engem Joer oder an enger nach méi kuerzer Period droen. An och eis Betriber – et gött net esou vill dobausse gesot, an do si vill Famili-jebetriber drënner – hunn de Moment vill, fir net ze soe ganz vill Suergen. Dacks steet hir Existenz an net nëmmen hir, déi vun de Patronen, mee och déi vun deene ville Salariéen, déi se beschäftegen, op der Kipp.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Vill Patrone ginn eigentlech mat hirem Entrepreneursgeescht, dee mer jo em-mer ennerstëtzen, perséinlech a mat hirem Betrib e grouse Risiko an. Si sinn och en Deel vun dem Lëtze-buerger Modell, deen eis Gesellschaft eigentlech zesummeffiert a keng Klassegrief oprappt. Domad-der si si also och en Deel vun dem Lëtzebuerger So-zialmodell. Jo, och d'Patrone sinn en Deel vun dem Lëtzebuerger Sozialmodell, och wann hir Stëmm dobaussen net ëmmer déi häertsten ass an och am Interessi vum Land net ëmmer déi häertste kann an därer sinn. Mee et sinn awer d'Entreprisen, et sinn déi Lëtzebuerger Betriber, déi Aarbechtsplaze schafen an d'Wirtschaft och bei eis am Land droen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Duerfir sti mir als CSV, als Vollekspartei vun der Mëtt, fir eng staark a breet Mët-telschicht, mee mir sti gradesou daitlech als Volleks-partei vun der Mëtt fir e breede Mëttelstand a fir eng diversifiéiert Lëtzebuerger Economie.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | An duerfir dierfen eis Entre-prisen an dëser Kris och net aleng gelooss ginn. An ech soen et am Numm vun eiser Fraktioun: Sollten zousätzlech Moosnamen, fir d'Betriber ze ennerstëtzen,

néideg sinn, wäerte mir deem positiv als Oppositions-partei géintwuerstoen an dat och konstruktiv beglee-den!

Well, Dir Dammen an Dir Hären, wat bréngt eigent-lech och dee beschfonctionéierenden Indexmecha-nismus? Wann eng Entreprise net méi do ass, ka si – a kee Betrib, kee Patron – engem Salarié dann en Index bezuelen. Jo, et gehéiert eigentlech, och wann et vill verpöönt ass, zum Sënn vun enger Entreprise, e Bene-fiss ze maachen.

**Une voix** | Ganz richtig!

**M. Gilles Roth (CSV)** | An dat ass keng Schan.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Duerfir brauch ee sech net ze schummen, well mat deem Benefiss dréit ee jo och als Entreprise, als Patron, zu dem Lëtzebuerger Allge-mengwuel bäi. An och eng Entreprise, Dir Dammen an Dir Hären, huet keng Gelddrockmaschinen am Keller stoen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Well och de Patron an all Be-trib muss am Virfeld Sue verdéngen, ier e ka Paien an d'Fraise vun dem Betrib bezuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Leit brau-chen an dësen Zäite méi Kafkraaft. D'Leit brauchen eigentlech méi Netto vum Brutto. An d'Leit brauche virun allem manner Steuerlaascht.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Et war an eisen Aen e grouse Feeler vun dëser Regierung, a gudden Zäiten, 2018, 2019, 2020, keen Apel fir den Duuscht op d'Säit ze leeën.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Et ass bedauerlech, Dir Dammen an Dir Hären, dass grad an deene fette Joren, wou d'Steiere souwuel vun de Leit wéi vun de Betriber nëmmen esou gespruddelt hunn, mer eent vun dräi Länner an der Europäescher Unioun waren, déi et net fäerdegruecht hunn, d'Staatschold sensi-bel no ennen ze drécken, mat alle Konsequenzen, déi mer haut kennen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Et ass och e grouse Feeler vun dëser Regierung, Dir Dammen an Dir Hären, dass bis elo fënnf Indexranchen – ech widderhuelen et: fënnf Indexranchen! – zënter 2017 sech net an der Steiertabell erëmfannen. Fënnf Indexranchen ouni Inflationsberengung, dat ass de facto e Plus vu 17,5 % méi Steieren!

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Méi Steieren an enger Zäit, wou d'Leit solle méi Kafkraaft kréien, ass definitiv an eisen Aen déi falsch Äntwert.

495 Milliounen Euro, Dir hutt et gutt héieren, 495 Mil-liounen Euro hunn d'Leit, d'Bierger, iwwert déi lescht aacht Méint, vu Januar bis August dëst Joer, méi Lounsteuer bezuelt wéi am selwechten Zäitraum 2021. D'Leit hunn eigentlech domadder, loosst mech et riichter aus soen, praktesch d'Hallschent vum Käsch-tepunkt vun dësen Tripartite-Moosname schonns am Virfeld virfinanzéiert.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | Déi 495 Milliounen Euro, Dir Dammen an Dir Hären, déi musse mer och an de Ver-glach setzen zu der Zuel, déi d'Finanzministesch an Transparenz hei genannt hat am Juli, nämlech 600 Milliounen, wat d'Indexberengung vu fënnf Index-

tranchen zanter 2017 géif kaschten. Dat heescht, am Umtragschluss (veuillez lire: Umkehrschluss) hunn d'Leit eigentlech schonns 80 % vun der gesamter Infla-tionsberengung vun der Steiertabell virfinanzéiert.

An do sinn ech mat der Finanzministesch awer wiere-lech net d'accord, an ech mengen, dat ass och feel op der Plaz. Et kann een net higoen a soen: „Wësst Der, wat dat kascht?“ Well wa mer keng Inflationsbe-rengung maachen, da froe mer vun de Leit jo méi Steieren an da wier eigentlech déi Fro, déi d'Finanz-ministesch misst stellen: „Firwat muss de Staat d'Leit méi belaschten?“ Well wa mer eng Inflationsberen-gung vun der Steiertabell maachen, da setze mer jo d'Pendule à l'heure, wéi se war 2017, wéi déi dote Majoritéit mat engem Sätz méi deemools de Steuer-barème gestëmmt huet.

A betraff, Dir Dammen an Dir Hären, vun Netinfla-tionsberengung vun enger Steiertabell, wien ass dat? Dat si virun allem Kleng- a Mëttelverdénge, well si ganz séier an engem progressive Steiersaz op héich Steuertranchë kommen.

E klassescht Beispill: 4.000 Euro Bruttoloun, do ass een net bei deenen Décken hei am Land, dee kritt bei där nächster Indextranche 100 Euro brutto méi. Vun deenen 100 Euro brutto no Steieren an no Sozial-ofgabe sinn et der manner wéi 50 netto, manner wéi 50 netto bei Zënsen, manner wéi 50 netto bei Spritt, manner wéi 50 netto bei Hëtzes a villes aneres méi. An d'CSV plädéiert duerfir mat Nodrock fir manner Steieren, grad elo!

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth (CSV)** | A mir widderhuelen, mir widderhuelen och hei nach eng Kéier eis Propos. Éischters, mir hätte gären, dass de steuerbefreiten Agangsmontant op 15.000 Euro an d'Luucht ge-sat gött. Dat sinn 30.000 Euro steuerbefreit fir eng elengerzéiend Persoun an der Steuerklass 1a. Mir wël-len eng Inflationsberengung vun der Steiertabell mat enger Verbreederung vun de Steuertranchen. A mir soe gradesou kloer, dass mir derfir astinn, no Dis-kussionen an eiser Partei, dass mer och wëllen eng zousätzlech Steuertranche, ab engem Montant vun zum Beispill 500.000 Euro: 45 %.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Leit brauche méi Netto vum Brutto. D'Leit dierfen an der Wanterkeelt net nach zousätzlech op där kaler Steuer-progressioun sëtzebleiwen. Wat d'Leit brauchen, ass villméi eng Progressioun vun der Steiergerechteg-keet.

Ofschléissend: D'CSV steet zum Tripartite-Accord. Mir iwwerhuelen eis Verantwortung als Vollekspartei vun der Mëtt. Mir kafe keng Kaz am Sak. Mir beglee-den d'Ausféierungsgesetzer kritesch, mee konstruktiv. A mir verlaangen zousätzlech zu den Tripartite-Moos-namen eng steuerlech Entlaaschtung vun de Leit. Well méi Kafkraaft heescht fir d'CSV och manner Steieren. Grad elo – grad elo! – brauchen d'Leit méi finanziell Loft fir ze ootmen a grad elo brauchen d'Leit Zouver-siicht an eng besser Zukunft.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Roth. An als nächste Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum agedroen. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum (DP)** | Merci. Merci fir d'Wuert, Här President. Wéi mer Enn Mäerz heibannen an der Chamber d'Resultater vum Tripartite-Accord zesum-men diskutéiert hunn, hätt ech net geduecht, an ech mengen, keen heibannen, dass mer esou séier géifen



erëmkommen an esou séier géife vun eise Premier en neie Solidaritéitspak, de Solidaritéitspak 2.0, presentéiert kréien.

Den Aggressiounskrich vu Russland an der Ukrain dauert vill méi laang, wéi mer geduecht haten, mat Repercussione vun deem Krich op d'Energiepräisser, awer och op d'Liiwwerketten an domadder natierlech och op d'Inflatioun. D'Inflatioun huet en Ausmooss ugehall, wéi mer et scho säit Joerzénge hei am Land net méi kannt hunn.

Grad ewéi d'Regierung hu mir och als DP-Fraktioun d'Situatioun ganz eescht geholl a mir iwwerhuelen och elo weider an deem Dossier eis Verantwortung. D'Leit an d'Betriber maache sech Suergen iwwert den Impakt vun der Präisdeierecht an ech soen hinne ganz kloer: „Mir stinn Iech zur Säit.“

Eppes steet fest, mir därefen et net esou wäit komme loosse, dass d'Leit net méi hëtzen, well se d'Sue brauchen, fir hir Famill ze ernären. De Kafkraaftverloscht vun de Stéit ass grouss. An duerfir ass et wichtig, dass mer elo handeln, fir de Leit duerch dës Kris ze hëllefen!

D'Betriber sinn duerch déi zousätzlech Kris och ferm betraff a si maache sech Suergen ëm hir Zukunft an ëm d'Zukunft vun hire Mataarbechter. Mir därefen net risquéieren, dass Betriber zoumaachen. Mir kënnen net nokucken, wann Dausende vu Salariéen hir Aarbechtsplaz riskéieren oder verléieren.

Mat der Tripartite huet Lëtzebuerg e Modell vu Sozialdialog, dee grad geduecht ass, fir benotzt ze ginn an esou schwierigen Zäiten. E gehéiert zum Lëtzeburger Erfolgsmodell, deen eis sozial, ekonomesch a politesch Stabilitéit séichert, an dat zanter de 70er-Jore, wéi d'Tripartite vum liberale Premier Gaston Thorn agefouert ginn ass.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | An och an der haiteger Situatioun mussen mer solidairesch sinn a mateneen en Effort maachen, fir duerch dës Kris ze kommen.

D'Regierung huet séier reagéiert an d'Tripartite och scho ganz fréi preparéiert. Schonn am August goufen déi éischt bilateral Gespréicher mat de Sozialpartner gefouert an et gouf also eng gutt Viraarbecht gelescht, déi et erlaabt huet, fir sech schonn no dräi Verhandlungsdeeg op en Accord de principe ze eenegen. A schonn eng Woch méi spët konnt dunn den Accord ficeleiert an ënnerschriwwen ginn.

Am Numm vun der DP-Fraktioun wéilt ech allen involvéierte Parteien, déi bei den Tripartite-Verhandlungen derbäi waren, a besonnesch dem Premier- a Staatsminister Xavier Bettel, fir deen Accord felicitéieren, deen d'Preparativen an d'Tripartite de main de maître geleet huet. An dat ass net einfach, dat wësse mer. Et ass net einfach, fir besonnesch a schwierigen Zäiten Accorden ze fannen. An dat huet d'Vergaangenheet bewisen. Um Enn steet e Mesurëpak an Héicht vun 1,1 Milliard, deen d'Kafkraaft vun de Leit stäerkt an och d'Betriber entlaascht an hinne Previsibilitéit gëtt.

Dës Kris féiert eis och nach emol virun Aen, dass mir eis Efforte bei der energieetescher Transitioun weider verstärken müssen. An dës Ambitioun spigelt sech och am Accord zréck. Och dat ass fir d'Demokratesch Partei e wichteg Element.

Alles dat gouf mam Mesurëpak erreecht an als DP kënnen mer dës Solidaritéitspak 2.0 duerfir nëmmen ënnerstëtzen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | D'Sozialpartner hunn zesumme mat der Regierung Verantwortung iwwerholl a

jiddwereen huet missen e bësse Waasser a säi Wäi schëdden, fir zu engem Accord ze kommen. A mir weisen heimadder alleguerten, dass mer a schwierigen Zäiten als Land zesummestinn.

D'DP ass frou, dass dësen Accord vun allen dräi Gewerkschaften, vum LCGB, vum OGB-L an och vun der CGFP, matgedroe gëtt. Dat ass an eisen Aen e ganz, ganz wichteg Zeechen no baussen, dass alleguer d'Sozialpartner hannert dëse Mesurë stinn. Natierlech ass net jiddwereen zu all Moment 100%eg zefridden, mee dat läit awer nun emol an der Natur vun engem Kompromëss. Wichtig ass, dass alleguerten d'Partner mam Accord liewe kënnen an en och matdroen. Dat ass hei de Fall a séichert soumat de soziale Fridden hei am Land.

Dës Solidaritéitspak, dee mer haut vum Premierminister presentéiert kruten, ass eng wichteg Stäip fir d'Leit, déi hëtze müssen, wann et elo méi kal gëtt, déi Bensinn brauchen, fir op d'Aarbecht ze fueren, grad ewéi och fir d'Betriber, déi Energie brauchen, fir dass d'Wirtschaft um Rulle bleift.

Här President, dësen neien Hëllefspak wäert de Staat en enorme finanziellen Effort kaschten. Ech erënnere drun, dass mer am Ufank vun deem Joer scho Mesuren am Kader vum Energiedësch a vum éischten Tripartite-Accord geholl hunn, déi ronn 1,5 Milliard kascht hunn.

Dat hei bedeit also weider extraordinär Ausgabe fir de Staat. An zesumme wäerte mer herno fir d'Solidaritéitspäck 1 an 2 bei iwwer 2,5 Milliarde leien. Ech mengen, dat ass eng ganz beträchtlech Zomm, déi mer esou net konnte viraussinn.

Kolleeginnen a Kolleegen, et ass elo mat Sécherheet net Zäit fir Austeritéitspolitik. Dozou steet d'DP. Mir këmmere eis ëm d'Leit an d'Betriber a mir loosse keen am Ree stoen. Mat deem historiesche Pak huele mer déi néideg Mëttelen an de Grapp, fir d'Inflatioun ofzebrennen, an dat, ouni d'Zukunft vun den zukünftigen Generatiounen ze hypothekéieren.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, bei dëser Tripartite ass et drëms gaangen, fir géint d'Inflatioun unzuegoen. A mat deem Accord wäert de Staat direkt op d'Energiepräisser agräifen, fir esou d'Präisdeierecht staark ofzebrennen. Dat kënnt de Betriber an de Privatleit zegutt. Well et ass d'Energie, déi d'Inflatioun am Moment esou ufeiert.

Am Ufank ass nach vu véier bis fënnf Indextranché bannent zéng Méint rieds gaangen an d'Mesuren, déi de Premier eis haut presentéiert huet, wäerten d'Präisdeierecht op eng ganz sensibel Manéier limitéieren. D'Zil ass et, fir d'Inflatioun ëm 4 Prozentpunkten erofzedrécken op 2,6 %. Ech wäert elo net nach eng Kéier alleguerten d'Mesuren aus dem Accord hei duergoen. Dat huet de Premier gemaach. Loosst mech just op verschidde Punkten agoen.

Vum 1. Oktober un ass d'Hausse beim Gas op 15 % limitéiert. De Stroumpreis gëtt op dem aktuellen Niveau agefruer. De Preis vum Masutt gëtt ëm 15 Cent pro Liter erofgesat, an dat vum November u bis den Dezember 2023. An d'TVA geet temporaire ëm 1 Prozentsaz op allen Tauxen erof.

D'Präisdeckelunge fir d'Energiekäschten, déi zesumme mat de Sozialpartner decidéiert gi sinn, wäerten also vill Leit berouegen. An ech sinn och berouegt, well ech de Mëttel héieren hunn, an ech mengen, deen een oder aneren ass drop ugeschwat ginn, dass och fir déi Leit, déi mat Pellets heizen, eppes gemaach gëtt an dass déi Leit net vergiess ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | D'Energiefournisseure soen eis, dass eng Begrenzung vun deem Deckel vun den Energiekäschten technesch zimmlech opwändig wär an och net vun haut op muer ze realiséieren wär. Dobäi ass d'Zil awer essenziell, an dat däreft een net vergiessen. D'Leit brauche keng Ennerstëtzung an e puer Méint, wann de Wanter eriwuer ass, mee wa se d'Avancé bezuelen, elo. An ech widderhuelen et, d'Leit brauchen déi Hëllef elo direkt!

Et ass och esou, dass ouni dës flächendeckend Mesuren d'Inflatioun net esou staark hätt kënnen ofgebremst ginn, fir déi negativ Konsequenzen op d'Kafkraaft an d'Attraktivitéit vun eise Wirtschaftstanduert ofzefiedereen.

Derbäi kommen awer eng ganz Rei sozial cibléiert Mesuren, fir déi Stéit geziilt ze ënnerstëtzen, déi riskéieren, ënnert d'Rieder ze kommen. Ech erënnere drun, dass de Steierkredit Energie bis d'nächst Joer, den 1. Abrëll, weiderleef. Zousätzlech gëtt och d'Energieprimm d'nächst Joer weidergefouert. De Mindestloun klëmmt den 1. Januar ëm 3,3 %. A schliesslech ginn och d'Hëlfe, fir vum Masutt oder vum Gas op eng Wärmepompe ëmzeklammen, nach emol ugepasst.

Ech erënnere och drun, dass schonn um Energiedësch an am éischten Solidaritéitspak e besonnesche Schwéierpunkt op déi sozial Selektivitéit geluecht ginn ass. D'Afféierung vun enger Energieprimm, zousätzlech zur Allocation de vie chère, bei där de Seuil ëm 25 % gehuewe gouf, oder nach de Steierkredit Energie, deen net just sozial gestaffelt ass, mee och d'Verréckele vun der Indextranche vum Juli fir niddregt Akommes iwwerkompenséiert, sinn zwee pertinent Beispiller.

Ech kéint och nach d'Wunngeld ernimmen, dat och nach emol ugepasst gëtt, oder den Topup social bei den energieeteschen Hëlfe.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, niewent dës Mesuren huet d'Tripartite nach aner Hëlfe am Sënn vum Erhale vun der Kafkraaft vun de Stéit decidéiert. De Premier ass schonn op déi Mesuren agaangen, ech géif der just nach e puer ervirhiewen.

Ech hat et hei scho viru sechs Méint gesot an ech mengen, do si mer eis heibanne queesch duerch d'Bänk eens: Fir d'DP ass den Index de Garant fir de soziale Fridden hei am Land, an d'Demokratesch Partei hält um Index fest. Hien ass de Garant, dass de Verbraucher net u Kafkraaft verléiert. An duerfir si mer frou, dass den Indexmechanismus net a Fro gestallt ginn ass a mat deem Accord wäert och keng Indextranche ewechfalen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Et gëtt sech erwaart, dass Ufank vum nächste Joer eng weider Indextranche erfällt an déi Tranche gëtt natierlech normal ausbezuelt. An et ass och esou, dass déi Indextranche vun deem Summer, déi op den Abrëll 2023 verréckelt ginn ass an déi dann iwwert de Crédit d'impôt kompenséiert ginn ass, och den 1. Abrëll ganz normal ausbezuelt gëtt. Bis dohinner spillt natierlech de Steierkredit weider, fir de Kafkraaftverloscht ze kompenséieren.

A falls et zu enger drëtter Indextranche sollt kommen, engagéiert sech d'Regierung, fir de Betriber Kompensatiounen ze bezuelen, déi de kompletten Impakt vun der Hausse vun 2,5 % op de Salären offänken.

Des Weidere gesäit de Pak eng Abberzuel vu Mesuren am Beräich vun der energieetescher Transitioun vir, well et ass wichtig, dass mer hei net eng Kris géint déi aner ausspillen. Et ass wichtig, dass mer hei net eng Kris als méi wichtig ugesi wéi déi aner. Duerfir ënnerstëtze mir, dass d'Energiekris als Chance ka gesi

ginn, fir d'Transitioun virunzedreiwen, notament duerch d'Erhéije vum Klimabonus fir Stéit an duerch d'Bonification d'impôt fir d'Investissementen an déi energiegesch Transitioun. Am Ganze sinn dat iwwer 200 Milliounen fir d'Leit a fir d'Betriber.

D'Betriber maache sech am Moment vill Gedanken a vill Suergen. D'Indexbranchen, d'Erhéije vum Mindestloun a generell d'Käschten, déi riskéieren ze klammen. Nieft all de Mesuren, vun deenen d'Betriber direkt an indirekt beneficiéiere kënnen a vun deenen hei och scho geschwat ginn ass, wäerten d'PMen vun enger Energiehëllef profitéiere kënnen. Mir wëssen, wivill Schwierigkeiten dës Betriber am Moment grad duerch d'Deierecht vun der Energie hunn. An des Weidere freet de Staat keen Akkont fir d'Cotisation sociale, wat de Betriber weider Loft zum Ootme léisst.

Jo, d'Betriber brauche Previsibilitéit. Dat ass enorm wichteg, besonnesch wann d'Käschte riskéieren, weider an d'Luucht ze goen. An dësen Accord garantéiert hinnen dës Previsibilitéit.

Wann et eisen Entreprisë schlecht geet, da gi keng Leit méi agestallt a schlëmmstefalls gi Leit entlooss. Et ass also essenziell fir d'Demokratesch Partei, dass eis Betriber weider fonctionéiere kënnen, weider zum Räichtum an zur wirtschaftlecher a sozialer Stabilitéit vun eisem Land bäidroen kënnen.

De Chômage ass op engem historesch déiwen Niveau. A fir eis ass et ganz, ganz wichteg, dass all Efforte gemaach ginn, deen historesch déiwen Niveau ze halen a beschtefalls souguer nach erofzedrécken.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | E lescht Element, dat ech nach ervirhiewe wëllt, ass d'Clause de rendez-vous, déi och an dësem Accord erëm eng Kéier festgehalen ass op där leschter Säit. D'Situatioun dobausse bleift onsécher, si bleift volatil an et ginn natierlech vill Inconnuen. A grad ewéi am éischten Accord wäert och dës Kéier erëm eng Tripartite ageruff ginn, sollt déi sozioekonomesch Situatioun sech weider verschlechteren.

D'Regierung bleift also weider um Ball, an och d'DP-Fraktioun wäert d'Entwécklung ganz genee am A behalen. A mir wäerten och de legislative Prozess konstruktiv begleeten, wéi allegueren déi aner Parteien, déi heibannen vertraude sinn, fir dass d'Hëllef, déi iwwer dëst Gesetz gestëmmt mussen ginn, esou séier wéi méiglech bei der Leit dobaussen ukommen. An duerfir wäert ech mat Iech zesummen als President vun der Tripartite-Kommissioun suergen.

Här President, iwwer 30 Stonne souz d'Regierung mat de Sozialpartner an dem Patronat um Dësch vun der Tripartite. An als DP begreisse mer ganz kloer déi sozial Handschrëft vun dësem Accord. Et ass an eisen Aen e ganz gudden Accord! De Virwurf, dass en net sozial selektiv genuch wier, kann ech net gëlle loosse. Ënnert den aktuellen Ëmstänn huet d'Regierung en Ofkommen ausgehandelt, dat d'Strooss hält, d'Präsideierecht bekämpft an eist Land gutt duerch déi nächst Méint brénge wäert.

Et ass en Accord, dee mat engem Mesurëpäck vun iwwer 1,1 Milliard Euro e wierklech historescht Ausmooss huet. Et ass en Accord, deen de Suerge vun der Leit an de Suerge vun de Betriber Rechnung dréit. Et ass en Accord, dee vun alle Sozialpartner an der Tripartite gedroe gëtt. Et ass en Accord vu kollektiver Zesummenaarbecht, en Accord vu kollektiver Verantwortung fir d'Leit, fir d'Betriber, am Interêt vum Lëtzebuurger Land.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech wëllt awer net ofschléissen, ouni nach eng Motioun ze deposéieren. Si ass ënnerschriwwen vun de Kollegee vun der LSAP, deene Gréngen an och vun der DP. Si ass och zirkuléiert bei de Kollegen op dëser Säit vum Parlament an ech ginn dervun aus, dass d'Kollegee vun dëser Säit och wäerten zu där Motioun e puer Wuert soen. Voilà. Merci, Här President, dann hei d'Motioun.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*– constatant le contexte international tendu et ses conséquences notamment sur le marché de l'énergie ;*

*– constatant que la hausse du coût de l'énergie, et de manière plus générale, de l'inflation pèse considérablement sur les ménages et les entreprises ;*

*– saluant l'adoption d'un paquet conséquent de mesures au bénéfice des ménages et des entreprises dans le cadre de l'Energiedësch et de l'accord du Comité de coordination tripartite du 31 mars 2022 ;*

*– saluant l'initiative du Gouvernement, et conformément à l'accord tripartite du 31 mars 2022, d'avoir invité les partenaires sociaux à de nouvelles réunions du Comité de coordination tripartite pour le 18, 19 et 20 septembre 2022 suite à l'aggravation de la situation économique et sociale ;*

*– rappelant que le Comité de coordination tripartite, institué en tant qu'organe de concertation en temps de crise, fait partie intégrante du modèle économique et social luxembourgeois ;*

*– considérant le paquet de mesures tel qu'il a été élaboré par le Gouvernement et approuvé par les délégations du patronat et des syndicats représentatifs au niveau national ;*

*– considérant l'envergure historique de ce paquet, le coût des différentes mesures de soutien aux ménages et aux entreprises étant estimé à 1,1 milliard d'euros ;*

*– saluant que le paquet prévoit des mesures pour accélérer la transition énergétique avec une enveloppe budgétaire de plus de 200 millions d'euros ;*

*– relevant que ce paquet de mesures négocié répond à l'objectif de vouloir garantir la paix sociale au Luxembourg en limitant l'impact de la pression inflationniste sur les ménages et les entreprises ;*

*– approuvant que le système actuel d'indexation des traitements, salaires, pensions, rentes et autres indemnités n'est pas mis en cause,*

*invite le Gouvernement*

*– à mettre en œuvre, dans les plus brefs délais, les mesures telles qu'elles sont stipulées dans l'accord du Comité de coordination tripartite du 28 septembre 2022.*

(s.) Gilles Baum, Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Pim Knaff, Josée Lorsché.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Virop fueren ech do weider, ech knäppen do un, wou de Gilles Baum opgehalen huet. Ech begreissen, dass d'Kollegee vun der CSV dësen Accord matdroen an hire Riedner huet hei gesot, si wäerten an der Spezialkommissioun d'Aarbechten zu dëse Gesetzter aktiv a gutt begleeten, konstruktiv. An de President huet dat och nach eng Kéier verséichert. An ech mengen, dat hu mer an der Vergaangenheet gutt zesumme gemaach, an ech kann Iech versécheren, dat wäerte mer och an deenen nächste Méint genauesou handhaben.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Här President, Dir Dammen an Härén Deputéiert, aussergewéinlech Zäite verlaangen och aussergewéinlech Moosnamen. An esou ass et dann elo schonn déi zweet Tripartite, déi mer dëst Joer haten. Mir stelle fest: De Lëtzebuurger Modell vum Sozialdialog funktionéiert! An d'LSAP ass besonnesch frou, dass dës Kéier jidder-een deen Accord matdréit, deen elo just vun eisem Staatsminister am Detail presentéiert gouf.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Et ass wichteg, dass all d'Gewerkschaften mat u Bord sinn. D'Salarié brauche staark a geschlossene Gewerkschaften, grad a schwierigen Zäiten.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ech wëll hei betounen, dass mir als LSAP an deene leschte Méint am Dialog mat hinne bliwwen sinn. Och wann ee sech punktuell déi leschte Kéier net op alle Punkten eens war, esou leie mir awer fundamental op där selwechter Welleläng. Well genee wéi fir d'Gewerkschaften ass den Index fir eis dat Instrument par excellence, fir de soziale Friden zu Lëtzebuerg ze garantéieren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Mir gesi jo, wat den Ament am Ausland passéiert, wou et eeben dee Mechanismus net gëtt. Do mussen d'Leit mat hirem Patron streiden oder op d'Strooss goen a streiken, fir hire Kafkraaftverloscht ersat ze kréien. Mir kënnen eis iwwerall ëmkucken, et gëtt néierens e bessere System wéi den Index, fir d'Leit bei héijer Inflatoun virum Aarmutsrisiko ze schützen.

Den Index bleift duerfir fir eis d'Reegel. Jo, mir waren d'accord, eng Ausnam ze maachen, bei där vill Leit mat klengem Akommes besser ewechkomm si wéi beim normalen Erfale vun engem Index. Dat war richtig. Mee den Index ass a bleift d'Reegel, an d'Ausnamen dierfen net zur Reegel ginn!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | Ganz richtig!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dir Dammen an Dir Härén, et geet selbsterständlech net duer fir ze soen, dass een hannert dem Index steet, fir all d'Problemer am Land ze léisen. Mir wëssen och, dass den Index eng Belaaschtung fir verschidde Betriber duerstelt. A wann de Statoc eis Prognose presentéiert, déi am héijen Zenario vu fënnel Indexbranchë benannt engem Joer ausgin, da si mir eis wuel bewosst, bei aller Léift zum Index, dass dëst fir vill Betriber kaum ze meeschteren ass. Fënnel Indexbranchë representéieren eng Hausse vun der Masse salariale fir Entreprisë vun nobäi 15 %.

Dozou kënnt, dass d'Inflatoun dës Kéier net begleet gëtt vun enger méi héijer Produktivitéit vun de Betriber, mee d'Inflatoun ass d'Resultat, virun allem, vun deenen extreem héijen Energiepräisser. Duerch dës extreem Hausse vun den Energiepräisser kréien d'Betriber méi héich Produktiounskäschten, wat erëm zu enger Hausse vun hire Präisser féiert, wat nees zu méi Inflatoun féiert an als Konsequenz mat sech bréngt, dass d'Leit e reelle Kafkraaftverloscht spieren, wat et dann erëm méi schwéier mécht fir d'Entreprises, hir Produkter an hir Services ze verkafen. An Entreprises, déi manner Sue verdéngen, déi kënnen herno och net hire Mataarbechter méi déck Paien ausbezuelen.

Dir gesitt, dësen Däiwelskrees gëllt et ze duerchbriechen. Et ass un der Politik, derfir ze suergen,



datt d'Leit net op där enger Sait duerch de Kafkraaft-verloscht an d'Aarmut gedriwwen ginn an datt op där anerer Sait eis Betriber kompetitiv bleiwen. An ech fannen, datt dësen Accord un deene richteg Schrauben dréit, fir dat ze erméiglechen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'LSAP huet sech am Virfeld vun der Tripartite vill Gedanke gemaach, fir Léisungen ze fannen, fir dës komplizéiert Equatioun ze léisen. Mir si frou, datt och vill vun eise Proposen de Wee an dësen Accord fonnt hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | D'LSAP huet virun a während dëser Tripartite keng Parteipolitik gemaach. Mir hu virun der Tripartite keen Tammtamm gemaach. Mir hunn eng seriéis Politik gemaach, am Interessi vum Land, och wann een doduerch heiansdo e bësse manner an der Press steet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | 2023 riskéiere mer, nach eng Kéier eng Tripartite ze kréien. An och wa mer dann an engem Waljoer sinn, sou kann ech Iech garantéieren, datt mir konsequent déi selwecht Linn wäerte fieren an eis net wäerten nervös maache loosse, vu kengem!

Dir Dammen an Dir Hären, dësen Accord, deen, wéi gesot, vun alle Sozialpartner matgedroe gëtt, baséiert op der richteger Analys vun der Situatioun a setzt och déi richteg Akzenter. Et ass richteg, der Inflation wëlle Meeschter ze ginn. Et ass richteg, d'Energiepräisser ze deckelen. Et ass richteg, de Mindestloun am Januar ëm 3,3 % ze erhéijen. Et ass richteg, d'TVA erofzesetzen. Dat hëlleft den Entrepris gradessou wuel wéi de Leit. Et ass richteg, de Betriber och zousätzlech Hëllef ze ginn, fir datt se hir Energiekäschte kënnen droen. Et ass richteg, d'Allocation de vie chère an d'Prime énergie fir dat anert Joer ze verlängeren. An nach eng Kéier, et ass richteg, den Index bäizebehalen. Dësen Accord garantéiert, datt keng Indexbranche ewechfällt.

Dat Iwwel, mat deem mir konfrontéiert sinn, datt ass d'Inflation. An déi gëllt et ze bekämpfen. D'Inflation bremsen heescht eisen Indexsystem schützen a verhënneren, datt d'Leit an d'Aarmutsfal ofrutschen. Andeems mer d'Energiepräisser deckelen, kréie mer d'Inflation signifikativ gebremst. Dat ass gutt fir d'Leit an datt ass och gutt fir eis Betriber. Well mir wëllen net, datt d'Leit mussen hir Heizung am Wanter ausmaachen, well se hir Gas- oder Elektreschrechnung net méi kënnen bezuelen. Dës kéint dramatesch Saiten hunn, speziell fir déi Vulnerabel, an ech denken hei besonnesch un déi eeler Leit an eiser Gesellschaft.

Mir wëlle keng Gesellschaft, wou ëmmer méi Leit net méi d'Enner zum Schluss vum Mount beienanerkréien. A mir wëlle keng Zwouklassegesellschaft, wou déi eng owes kënnen am Whirlpool leien an déi aner an der Jackett a mat der Mutz an der Stuff sëtzen.

D'Präisser op der Pompel, déi rezent Annoncé vun den Energiefournisseuren, d'Avancen, déi eropgeschrauft goufen – vill Leit maache sech verständlecherweis Suergen: „Kënnen mir dat nach alles bezuelen?“ Dës Suerge sinn eescht ze huelen. De Stater huet verschidde Prognose fir d'nächst Joer analyséiert. Am Zenario „haut“ gesäit de Stater eng Deierecht vun de Stroumpäisser vu 35 % vir. D'Gaspräisser géifen iwwerdeems ëm bal 90 % klamme par rapport zu haut, also wou mer schonn eng zolidd Präishaussage kannt hunn an de leschte Méint. Mam Präisdeckel wäert de Gaspräis net méi wéi 15 % klammen an de Stroumpäis kann net méi héich ausfalen, wéi e momentan schonn ass.

Eng Duerchschneetsfamill gëtt haut ewell eng 1.500 Euro méi aus fir hir Energiekäschte wéi am September zejoert. Ouni den Energiedeckel riskéiert dës selwecht Famill, am Joer 2023 nach emol bis zu 3.000 Euro méi ze bezuele wéi dëst Joer. Mam Energiedeckel kréie mer dës Méikäschte gréisstendeels verhënnert a mir ginn de Leit Sécherheet, Sécherheet an onsécheren Zäiten!

Dir Dammen an Dir Hären, kaum louch den Accord um Dësch, schonns gouf e vu verschiddene Säiten zerriert. Et gëtt déi, déi fannen, datt d'Energiepräisser net héich genuch kënnen sinn, oder déi, déi mengen, dësen Accord géif d'Leit net genuch incitéieren, Energie ze spueren. Dat ass d'Logik, déi eng Energietransitioun wëll erbaiforceieren. Dat ass awer net eis Logik!

Mir als LSAP begrëssen, datt d'Sozialpartner en Deckel op d'Energiepräisser dropgemaach hunn. Domat gëtt d'Inflation gebremst, déi Inflation, déi e grouse Risiko duerstelt, an d'Aarmut ofzerutschen. Et heescht sécher net, datt mer sollen Energie verbëtzten, an ech mengen, dat mécht och keen. Dofir sinn d'Präisser elo schonns vill ze vill héich!

**Plusieurs voix** | Richtig!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ech kenne keen, wierklech keen, dee sech net an de leschte Méint Gedanken iwwer säin Energieverbrauch gemaach huet! Mee et muss een och wëssen, datt et speziell déi manner gutt Gestalt an eiser Gesellschaft sinn, déi an Haiser an Appartementer wunnen, déi dacks schlecht isoléiert sinn. Déi Beispiller, déi ech virdu genannt hunn, gräife speziell bei dëse Leit a géife speziell bei dëse Leit also riskéieren, richteg existenziell ze ginn.

Fir déi noutwendeg Energietransitioun erbaizeféieren, huet de Staat an dësem Accord iwwerengs eng 200 Milliounen Euro virgesinn. Dat ass de richteg Wee, an net d'Leit kuerz virum Wanter an eng onméiglech Situatioun ze bréngen.

Dir Dammen an Dir Hären, an da gëtt et och déi Kritiker, déi soen, datt mer net selektiv genuch virgaange wäeren. Och dat ass net ganz richtig! De Mindestloun gëtt op den 1. Januar ëm 3,3 % gehéicht an déi méi héich Allocation de vie chère an d'Prime énergie gi fir dat anert Joer verlängert.

Als LSAP sti mir hannert dësem Accord, och wa mir gäre gesinn hätten, datt grad an der Logik vun enger méi grousser Selektivitéit och eng Steuerreform decidéiert gi wier.

Mir hunn als LSAP dozou virum Summer an der grousser Steuerdebat heibanne konkret Propose gemaach, fir engersäits méi Steiergerechtegkeet ze kréien, fir datt also jiddere säi fairen Deel zur Gesellschaft bäidréit, an anersäits, fir déi ze entlaaschten, déi et néideg hunn: Leit mat klengem Akommes an déi ganz breet Mëttelschicht an eisem Land.

Wa sech déi Zuelen zu de Staatsfinanzen, déi d'Madamm Finanzministesch eis dës Woch presentéiert huet, an den nächste Méint confirméieren, da kënn keng Regierung méi derlaanscht, eng Steuerreform ze maachen. Da gëtt et och keng Argumenter méi dergéint an och keng Excusen!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, 2022 wäert ganz sécher net als en normaalt Joer an d'Geschichtsbicher agoen. Et ass a Krisenzäiten ëmmer schwéier, Prognosen ze maachen. Viru sechs Méint sinn déi meescht Analysten nach vun engem séieren Enn vum Krich an der Ukrain ausgang. Mir sinn enges Bessere beléiert ginn a mussen eis, ob et eis gefält oder net, op méi e laange Konflikt an der Ukrain astellen, mat alle mënschleche Konsequenzen a mat alle Konsequenzen, déi dat och fir d'Weltwirtschaft an och fir eis Wirtschaft huet.

Krise gëllt et, zesummen ze meeschteren, solidaresch. Lëtzebuerg huet dat an der Vergaangenheet ëmmer nees bewisen, zulescht nach an der Covidpandemie, an ech si mir och sécher, mir kréien dat och dës Kéier hin. Dass d'Tripartite en Accord fonnt huet, dee vun alle Partner gedroe gëtt, ass fir mech schonn den éischte Bewäis derfir.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass scho vill vum Lëtzebuurger Modell geschwat ginn an ech wëll awer betounen, datt och mir Gréng eis zum Sozialdialog an zum Lëtzebuurger Modell bekennen, dat ganz kloer. Schonnt zanter de 70er-Joren ass de Sozialdialog e wichteg Piler vum sozialen Zesummenhalt, vun der sozialer Stabilitéit a vum wirtschaftlechen Erfolleg, déi Lëtzebuerg alle béid auszezeichnen. An dowéinst wëlle mer der Regierung an hire Sozialpartner, déi mat hir diskutéiert a verhandelt hunn, nëmme felicitéieren, datt se an dëser Kris, déi an de leschte Wochen a Méint extreem grouss Dimensionsen ugeholl huet, eng weider Kéier op Sozialdialog gesat hunn.

Virun allem wëlle mer hinne felicitéieren, datt se dës Kéier zu engem Accord fonnt hunn, dee vun alle Säite gedroe gëtt. Dësen Accord ass net nëmme e wichteg Zeeche vun Dialogbereitschaft a Solidaritéit, en ass och en Zeeche vu kollektiver Verantwortung fir eis Gesellschaft, fir eist Land a fir eis Ekonomie an e weist, datt de Lëtzebuurger Sozialmodell, deen an de 70er-Jore vun der sozialliberaler Koalitioun geschaf ginn ass, no 50 Joer nach ëmmer net ausgelieft huet.

An anere Wieder: D'Tripartite ass en effikas Instrument, fir an akute Krisenzäite séier handlungsfäeg ze ginn. An ech soe bewosst „séier“, well et extreem wichteg ass, datt d'Moosnamen esou séier wéi méiglech gräifen a bei deene Leit ukommen, déi se brauchen, fir Schlimmeres ze verhënneren.

Här President, den Impakt vun der Kris ass längst spierbar an huet, wéi gesot, ganz nei Dimensionsen ugeholl. D'Präisser klamme rasant, esouwuel d'Privatstéit wéi och déi kleng a mëttelgrouss Betriber kréie se ze spieren. An et muss eis wëssen, datt kleng a mëttelgrouss Betriber zu Lëtzebuerg ganzer 90 % vun der Betribslandschaft ausmaachen.

Ouni Agrëff vum Staat géif de Gaspräis sech am Verglach zum leschte Joer méi wéi verduebelen, wuel wëssend, datt de Präis schonn elo ongeféier 40 % iwwert deem vum leschte Joer läit. Konkret heescht dat zum Beispill, dass en Haushalt vu véier Persounen mat enger duerchschnëttlecher Gasconsommation vun 3.300 Kubikmeter am Joer am 250 Euro am Mount am Wanter iwwer 500 Euro am Mount misst bezuelen, wa mer de Präis net géifen deckelen. An och beim Stroum deite sech considerabel Haussen an enger Gréisstenuerdnung vun ongeféier 50 % fir d'nächst Joer un. Net ze vergiessen de Masutt an d'Holzpellets, déi och daitlech méi deier ginn. Dat emol einfach als Constat.

Derbäi kënn dann eng generell Inflation bei de Liewensmëttel an aneren essenzielle Wueren a Materialien. Et ass eng Inflation, déi ëmmer méi Haushalter a finanziell Enkpass dreift. Wat d'Situatioun vun

de Menagen ugeet, sou war scho knapp e Véierel vun hinne virun der Kris vum Aarmutsrisiko respektiv carrement vun Aarmut betrafft. Dat geet aus den offizielle Statistiken ervir. An déi Statistike beleëen och, datt dës Stéit am Wanter net op finanziell Récklagen zrëckgräife kënnen, ganz einfach well se keng Récklage konnte schafen. Dat ass dat eent an dat ass méi laang gewosst.

Dat anert ass awer, datt net méi just déi Vulnerabelst ënnert de klammende Präisser leiden, mee ëmmer méi Stéit. Anescht wéi nach am Fréijoer bei der éischter Tripartite huelen d'Präishaussen nämlech haut Dimensiounen un, déi bis wäit an d'Mëttschicht era spierbar sinn an och dobausse kommentéiert ginn. Dat weisen net just d'Zuelen, dat weist sech och all Dag um Terrain, wann ee mat de Leit schwätzt a feststelle muss, datt d'Onsécherheet an eiser Gesellschaft ëmmer méi grouss gëtt.

Ëmmer méi Mënschen hunn Angscht, datt ass schonn ënnerstrach ginn, datt se finanziell net méi iwwert de Wanter kommen, well d'Käschte vum Heizen a vun der Erfülleng vun anere Grondbedürfnisser ufänken, hir Moyenen ze sprengen.

Här President, dës Entwécklung ass an eise Sozialstaat eng grouss Gefor. Se ass him senger net wierdeg, an dofir muss mir handelen. An dofir dierfe mir op kee Fall zouloossen, datt d'Mënsche sech an eise Land tëscht dem Heize vun hirer Wunneng an anere Grondbedürfnisser müssen entscheeden. D'Heize vun der Wunneng dierf zum Beispill net derzou féieren, datt un enger gesonder Ernährung gespuert muss ginn, well vill Stéit sech béides zesummen net méi kënnen leeschten.

Mir dierfen och op kee Fall zouloossen, dass dës Energiekris déi sozial Problemer nach verschäerft an zu enger Entwécklung féiert, déi ëmmer méi Mënschen an d'Aarmut zitt. A genee aus deem Grond, Dir Dammen an Dir Hären, ass a bleift et fir eis als Gréng eng Prioritéit, esou séier wéi méiglech ze handelen an domat déi ganz Gesellschaft virun der Inflation ze schützen.

Mam virleienden Accord, deen d'Regierung an d'Sozialpartner viru knapp dräi Stonnen ënnerschriwwen hunn, maache mer genau dat Richteg, fir dat Zil ze errechen. Amplaz nozekucken, wéi de Gaspräis sech méi wéi verduebelt, wäerte mir d'Erhéijung op maximal 15 % par rapport zum aktuelle Präis ofbremsen, an dat direkt ab Oktober. An amplaz de Stroumpäis ëm iwwer 50 % klammen ze loossen, wäerte mer um aktuelle Präis stoe bleiwen. An och beim Präis vum Masutt, op dee virun allem am Norde vum Land nach ëmmer vill Stéit ugewise sinn, mee och beim Präis vun deene méi nohaltegen Holzpellets, wäert de Staat agräifen, fir kuerzfristeg géint d'Präishaussé virzegoen.

Entscheidung ass fir eis, datt dës Moosnamen esou séier wéi méiglech gräifen, ech hunn et scho gesot, an esou séier wéi méiglech ëmzesetze sinn, well d'Biergerinnen an d'Bierger brauchen elo Ënnerstëtzung an net eréischt an e puer Méint.

Net manner wichteg ass natierlech och, datt dës Moosnamen, zesumme mat der Reduktioun vun der TVA ëm 1 %, d'Inflation an d'Schranke verweisen. Dovu profitéieren net nëmme d'Stéit, mee och d'Betriber, ganz einfach well mer doduerch verhënnere, datt bis Enn 2023 bis zu fënnf Indextranché wäerten erfalen. Fir vill Betriber wier dës Entwécklung net ze stemmen a wat Faillitten a Personalofbau bedeuten, wësse mer alleguer.

D'Ofbremse vun der Inflation ass dann och d'Viraussetzung, fir den Indexmechanismus kënnen oprechtzeerhalen a keng Modulatioun musse virzehuelen.

Dat heescht, mat dësem Accord bleift den Index als wichteg Piliere fir d'Kafkraaft intakt a gëtt normal ausbezuelt. Och dat ass fir eis eng entscheidend Moosnam, fir de sozialen Zesammenhalt ze garantéieren.

Gläichzäiteg, Dir Dammen an Dir Hären, an dat ass fir eis e weesentleche Punkt, ginn och déi gezielt Hëllef fir déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft verlängert. Dir wësst, vu wat ech schwätzen. Ech schwätze vum Crédit d'impôt énergie, vun der erweiterter Allocation de vie chère a vun der Energieprim, déi gezielt op déi méi niddreg Akommeschichten ausgerichtet sinn. Ech schwätze vum Mindestloun, deen op den 1. Januar 2023 ëm 3,3 % wäert klammen, wat eng weider Measure ass, déi sozial cibléiert ass an notament deenen zeguttkënn, déi proportional zum Akommes am meeschten ënnert de Präishaussé leiden.

Nieft de Stéit spieren natierlech och d'Betriber d'Inflation, virun allem déi Betriber, deenen hir Aktivitéit vill Energie generéiert (veuillez lire: verbraucht) an déi elo riskéieren, an d'Laboranten ze kommen. Dës Betriber brauchen Hëllef an och déi ass am Accord virgesinn, andeems d'Betriber bei de Méikäschten, déi duerch steigend Energiepräisser entstinn, ënnerstëtzt ginn. Domat hale mer d'Ekonomie natierlech um Dréien.

D'Ënnerstëtzung vun de Betriber, Dir Dammen an Dir Hären, huet awer och e positive sozialen Impakt, well och hei geet et ëm Existenzen. Kommen d'Betriber net duerch de Wanter – ech kann et nëmme widderhuelen –, dann huet dat als Resultat, datt Mënschen hir Aarbecht verléieren an datt de Chômage eropgeet. Dat ass ganz sécher net, wat mer wëllen, an dat gëtt mat dësem Tripartite-Accord verhënnert.

Wat den Accord awer ganz sécher net verhënnert, ass Spueren. D'Spuere vun Energie bleift esou wichteg wéi ni virdu, an ech sinn iwwerzeugt, datt dee Message mëttlerweile iwwerall ukomm ass. Éischtens, well längst bekannt ass, datt d'Gasreserven opgrond vun der politescher Entwécklung méi wéi jee un hire Limiten ukomm sinn a keen esou richteg weess, wéi et mat de Gasliwwerungen aus anere Länner wéi Russland wäert weidergoen. Zweetens awer och, well d'Präisser schonn haut vill méi héich leie wéi nach virun engem Joer an de Portmonni vu ville Stéit schonn haut vill méi belastschte wéi an der Vergaangenheet. An anere Wieder: Och wann de Gaspräis op enger Hausse vu 15 % gedeckelt gëtt, dann heescht dat nach ëmmer net, datt en domat bëlle gëtt. Am Endeffekt wäert en ongeféier 60 % iwwert dem Präis vun leschte Joer leien, an dofir ass Spueren schonn haut fir de Gros vun de Stéit zu enger Selbstverständlechkeet ginn.

D'Spuere vun Energie verlaangt doriwwer eraus awer och e gemeinschaftlechen Effort an deen Effort muss vum effentleche Secteur geleescht ginn, woumat ech natierlech de Staat an d'Gemenge mengen. Och op deem Plang beweegt sech momentan ganz vill, an ech sinn iwwerzeugt, datt all Gemeng hei am Land bereet ass, hir Verantwortung am Sënn vum kollektiven Interessi ze iwwerhuelen. Dat ass nun emol hir Missioun.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen zu enger Fro. Et ass eng Fro, laanscht déi an dëser Diskussioun kee Wee dierf féieren, well se fir déi intelligent Gestaltung vun der Zukunft entscheidend ass. Et ass d'Fro vun der Ursaach, firwat mer eis haut iwwerhaapt an dëser geféierlecher Kris befannen a wéi eng Léiere mer müssen doraus zéien.

D'Fro vun der Ursaach huet bis elo nach keen opgeworf. Se ass awer séier beäntwert. Et ass d'Ofhängegkeet vun de fossilen Energien, déi eis an d'Kris

gedriwwen huet an eis haut op d'Féiss fält. Vill ze laang gouf déi energieetesche Transitioun wéinst kuerzfristegen Interessen an Iwwerleeunge blockéiert. Well amplaz an de leschte Joerzénge konsequent a Richtung Erneuerbarer ze goen, gouf an Europa eng Ofhängegkeet vu bëlle russesche Gas opgebaut. Dat desastréist Resultat vun där Politik erlieue mer haut. Spéitstens haut dierft dowéinst jiddwerengem kloer sinn, datt déi néideg a richteg Léieren aus der Vergaangenheet musse gezu ginn.

**Une voix | Richteg!**

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Här President, dës Léieren heeschen näischt anescht wéi d'Transitioun a Richtung Erneuerbarer weiderhin ze beschleunegen an domat genee dat ze maachen, wat mir als Gréng schonn zanter Joren a Jore verlaangen a wat mer mat dëser Koalitioun och ëmsetze respektiv schonn ëmgesat hunn. Haut produzéiere mer zu Lëtzebuerg méi wéi dräimol esou vill Wandenergie wéi nach am Joer 2016 a bei der Fotovoltaik sinn d'Capacités zanter 2014 ëm 70 % geklommen.

Dës Entwécklung gëllt et an Zukunft nach ze beschleunegen, well mir hu ganz einfach keen anere Choix. An dofir setzt de Moosnamepak aus der Tripartite och schonn hei eng Rei wichteg Jalonen.

Éischtens suerge mer duerch d'Decke vum Stroumpäis derfir, datt erneierbar Alternativen attraktiv bleiwe par rapport zu de Fossilen. Ech schwätze vum Stroumpäis, deen um aktuelle Stand bei de Präisser wäert bleiwen, well géif de Stroum méi deier wéi de Gas ginn, da wier keen Incentive méi do, fir op beispillsweis Wärmepumpelen am Haus zrëckzegräifen. De Stroum vun de Privatstéit besteet bekanntlech schonn haut zu praktesch 100 % aus erneierbarer Energie.

Zweetens gëtt de Klimabonus fir den Ersatz vu Masutt- a Gasheizungen nach emol ëm 50 % eropgesat, fir vum fossilen Heizen fortzekommen an esou méi onofhängeg ze ginn.

Drëttens ginn d'Subsidie fir energieetesche Renovatiounen a Solaranlagen nach emol ëm 25 % erhéicht an d'TVA op Fotovoltaik vu 17 % op 3 % erofgesat. Domat ginn d'energieetesche Renovatiounen an d'Utschafe vun enger eegener PV-Anlag finanziell nach méi attraktiv.

Véiertens kënnen d'Betriber hir Investitiounen an de Klimaschutz steierlech ofsetzen. Domat gi se motivéiert, hir Emissiounen ze reduzéieren a méi klimafrëndlech ze schaffen.

Fënneftens da ginn d'Entreprises dobäi ënnerstëtzt, Laangzäitkontrakter fir erneierbar Energien ofzeschléissen. An ausserdeem gëtt d'Autoconsommation bei den Entreprisë mat engem neien Appel d'offres nach emol gefërdert.

De Klimaschutz kënn an dësem Pak also net ze kuerz a kritt kee Schlag an d'Gesicht, wéi vill Leit fäerten. Ganz am Géigendeel!

Den Tripartite-Accord setzt de Grondsteen, fir déi energieetesche Transitioun nach méi séier ëmzesetze wéi an der Vergaangenheet.

Dir Dammen an Dir Hären, eis Konklusioun ass positiv. D'Konklusioun, déi mir als Gréng aus all deenen Iwwerleeungen zéien, ass follgend: Kuerz gesot, mam Accord, deen haut vun der Regierung an de Sozialpartner ënnerschriwwen gouf, séchere mer de soziale Friden zu Lëtzebuerg of. Mir schützen d'Biergerinnen an d'Bierger grad wéi d'Entreprisë virun der Inflation a verhënnere domat eng déifgräifend sozial Kris. Mir spueren Energie a suerge gläichzäiteg derfir, dass dës Wanter keen am Kale sëtzt. Mir



verstärken eis Efforten, fir onofhängeg vu fossiller Energie ze ginn an domat weider Krise wéi déi, déi mer momentan erliewen, an Zukunft ze verhënnere.

Aus all deene Grënn sti mir als Gréng voll hanner dem Accord a mir freeën eis op eng konstruktiv Zesummenaarbecht an der Tripartite-Kommissioun, wou den Accord da seng legal Basis kritt, déi e brauch, fir ëmgesat ze ginn.

Ech soen Iech villmools Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Lorsché. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Villmools merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn dankbar fir dës Geleeënheet, iwwert d'Resultater vun der Tripartite hei mat der Regierung, mat de Kolleegen hei kënnen ze diskutéieren. Et ass vläicht eng Bemierkung, déi een awer ka maachen. Dat ass den Zäitpunkt vun dëser Debatt. Ech muss soen, et ass vläicht net ganz spannend, als Parlament hei ze stoen an iwwert en Accord ze diskutéieren, dee virun enger Stonn oder virun e puer ... dräi Stonnen ënnerschriwwen gouf a wou dann eng Regierungspartei no där anerer untrëtt, fir ze soen, wéi fantastesch déi Aarbecht gemaach ginn ass.

Ech hätt léiwer gehat – ech mengen, mir als ADR, mir hu jo ganz gär, wa mer kënnen e bëssen och liegweg diskutéieren –, wa mer den Exercice virun der Tripartite gemaach hätten, dat hei all d'Parteien ugetruede wären a vläicht der Regierung hir Recommendationen mat op de Wee ginn hätten. Et wär dach och interessant gewiescht fir d'Leit dobaussen ze héieren, wéi d'DP sech da positionéiert hätt zum Index. Hätt se de Wuerekuurf esou gelooss, wéi en ass? Wärend do net verschidde Manipulationen envisagéiert ginn? Wéi hätt sech d'LSAP gestallt zu den Hëllef, zu den Entrepreneuren? Oder hätt se vläicht och steierlech Moossname verlaangt? An eis gréng Kolleegen, mat wéi engen extremistesche Fuerderunge wärend se kommen?

**Une voix** | O!

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Mir haten elo d'Madamm Lorsché héieren, mir haten ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

**Une voix** | Déi eenzeg extremistesch Fuerderunge komme vun Ärer Säit!

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Mir hunn d'Madamm Lorsché elo héieren, déi gesot huet, déi Energietransitionen, déi gréng Energien ... Et kann een dach nëmmen iwwer esou eng Virstellung de Kapp rëselen. Ech mengen, mir wëssen, wéi ofhängeg ... a wéi enge Quantitéiten mer de Gas an aner fossill Energien oder Nuklearenergie brauchen, Energien, déi verfügbar sinn, déi ëmmer do sinn, déi zuverlässeg sinn. An déi energiegetesche Transitioun a Richtung alternativ Energie kann net garantéieren, dat mer déi Energien do ersetzen. Dat ass e gréngt Märchen.

Mir hunn och elo héieren, dat den Här Staatsminister a sengen Ausféierungen gesot huet bei den Entrepreneuren: „Verschidde Saachen ënnerleien nach der Autorisation vun der Kommissioun.“ Et war nach net ganz kloer. Ech mengen, déi sinn nach net do, wann ech den Här Staatsminister richteg verstane hunn. An do muss een och emol vläicht eng allgemeng Bemierkung hunn. Wat een awer muss soen, dat ass, dat d'Europäesch Kommissioun u sech awer Reegelen huet, déi fir déi meescht Kleng- a Mëttelbetriber vill ze vill komplizéiert sinn. 86 % – dat ass d'Gréisstenuerdnung – vun de

Betriber an Europa si Kleng- a Mëttelbetriber, d'Reegele vun där neoliberaler, et muss een et awer soen, Europäescher Kommissioun, déi sinn haaptsächlech gemaach fir d'Groussindustrie. An alles, wat Hëllef fir Kleng- a Mëttelbetriber ugeet, ass extrem komplizéiert, ze vill komplizéiert. An och do gesi mer, dat dat vläicht elo net adequat ass.

A wa mer iwwert déi Gesetzesëmsetzung hei schwätzen, da muss mer oppassen, dat wierklech och fir déi Kleng- a Mëttelbetriber – well et ass do, wou et zielt, och hei am Land – d'Hëllef awer gutt genuch kalibriert sinn.

Mir hunn och dat Gefill gehat am Ufank, mee den Här Staatsminister ass och e bëssen dorobber agaangen, dat dat hei keng Walveranstaltung ass, fir just bis den Oktober 2023 ze kommen. An do hu mer awer Saachen héieren, déi eis éischter berouegen, wa gesot gëtt, mir maache weider d'Tripartite, mir müssen am solidaresche Geescht kucken, wann d'Situatioun et erfuerdert, dat mer Léisunge fannen. Mir als ADR stinn op jidde Fall bereet, fir dozou och konstruktiv bäizetroen.

Dësen Accord huet besser ausgesinn an eisen Ae wéi deen, dee mer schonn haten. Mir gesinn eng ganz Rei positiv Saachen. A virun allem begrëisse mer, dat iwwerhaupt konnt en Accord fonnt gi mat alle Partner an een Accord, deen den Indexsystem och am Prinzip preservéiert an de Stéit an den Entrepreneuren soll hëllef. Et ass an eisen Aen och gutt, dat de Wuerekuurf net manipuléiert gouf.

Mee et kann een och gläich en Appell maachen un d'Betriber, wann elo eeben den Index erfällt, dat den Index soll op d'Masse salariale gerechert ginn an net op all Depensen oder all Käschtpunkten, déi ee Betriber huet. Ech mengen, mir müssen och oppassen an dësen Zäiten, dat mer keen Effet d'auto-allumage beim Index hunn.

Mir haten an der leschter Tripartite kritiséiert, dat de Mëttelstand eigentlech net berécksiichtegt gouf. An dat ass fir eis e ganz, ganz wichteg Punkt. Well d'Mëttelschicht huet enorm Problemer hei am Land. Et ass éischters e ganz groussen Deel vun eiser Populatioun. Och si muss ënnerstëtzt ginn, well e groussen Deel vum Konsum berout jo och op den Ausgabe vun der Mëttelschicht. Och fir d'Restaurants, och fir esou vill aner Saachen ass et wichteg, och fir eis Betriber, dat d'Kafkraaft vun der Mëttelschicht erhalen bleift. An déi huet ganz vill Problemer.

Just fir Beispiller ze nennen, wéi elo zum Beispill, dat et schwéier gëtt fir vill Leit, Kreditter ze kréien, souguer wa se e fest a geséichert Akommes hunn, soe mer emol bei de Staatsbeamten oder esou, well d'Eegenedelegung vill méi héich elo ugesat gëtt oder och well am Teletravail verstoppte Gefore sinn, well Verschiddener dat vläicht gesinn als eng Méiglechkeet, och Aarbechtsplazen ofzebaue mat der Zäit. Also et gëtt eng ganz Rei Problemer, mëttelechichtspezifesch Problemer, materiell Problemer fir d'Mëttelschicht. A mir müssen déi onbedéngt am A behalen.

Mir begrëissen och, dat déi Kéier de Geescht vun der Tripartite besser respektéiert gouf an der Rou, am Konsens an dat wierklech Gewerkschaften a Patronat zesummegegheft hunn, fir dat kënnen ze erreechen. Dofir e grouse Merci.

A mir begrëissen och, dat sozial selektiv Moossnamen, wéi d'Allocation de vie chère oder esou ..., dat d'Steierkreditter nach verlängert goufen an natierlech och d'Erhéijung vum Mindestloun op den 1. Januar.

Bei anere Moossnamen, där marginaler Reduzéierung vun der TVA zum Beispill, hu mer wierklech Froen, wat dat iwwerhaupt bréngt. Et ass jo kaum unzuhuelen,

dat elo op 1 % ganz vill Betriber ufänken ze rechnen, wat dat géif bei hinnen ausmaachen. Mir hätt bei de Steierreduzéierungen, d'TVA notament, vill méi cougéiert Schrëtt solle maachen. Am Ausland gëtt dat zum Deel gemaach, fir wierklech d'TVA ëm d'Hallschent erofzesetzen. An dat si Schrëtt, déi wierklech eppes bruecht hätten. Mee déi Reduzéierung ëm 1 %, dat ass wierklech esou eng hallef Moossnam.

Awer mir dierfen net nëmmen d'Diskussioun hei ronderëm den Accord elo just op deen Accord beschränken, well mir gesi jo ronderëm an allem, wat an de Medien esou zirkuléiert gëtt, dat dës Regierung awer bréche ginn ass. Dat muss een einfach gesinn.

Wann ech elo zum Beispill héieren, dat e sozialistesche Politiker dem Koalitionspartner DP seet, e léich „nief der Plack“ – an dat alles öffentlech –, oder och Grénger vun neie Steieren dreemen, wa se dann an engem Interview sinn. Ech mengen, dat weist ganz däitlech, wéi d'Spannungen an dëser Regierungsekip awer lues a lues wuessen a wéi mann eigentlech déi Parteien nach matenee funktionéieren.

*(Interruption)*

Et ass op jidde Fall deen Androck, deen ee vu baussen huet. An ech mengen, mir müssen do ganz kloer ... Och als ADR ass et eis Aufgab fir ze soen, dat mir gär hätten, dat d'Leit an d'Entrepreneuren ënnert där Situation net dierfe leiden. Mir brauchen op jidde Fall eng Stabilitéit, mir brauchen d'Méiglechkeet, fir den Entrepreneuren an de Leit Loft ze ginn. An dat heescht, dat mer op jidde Fall Steiererhéijungen absolutt müssen evitéieren. An do wëlle mer och en Appell maachen un d'Regierung, awer och un d'Gemengen, fir op all Steiererhéijungen ze verzichten: Steieren, Akzisen, och Taxen.

A mir wëllen och eng Motioun an deem Sënn hei deponéieren, op jidde Fall fir de Staat. Bei de Gemengen hu mer hei keng Kompetenz.

**Motion 2**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*stellt fest, dat*

*– d'Erhéijung vun den Energiepräisser ëmmer méi Lëtzebuerger Stéit an Entrepreneuren an Existenznout bréngt, ass sech bewosst, dat*

*– an dëser Situatioun all weider Steier- oder soss Erhéijung vu finanziellen Obligatiounen viv-à-vis vum Staat fir d'Stéit an d'Entrepreneuren eng ganz schwéier Zousazbelastung géif bedeuten,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– fir de Rescht vun der Legislaturperiod op all Erhéijung vu Steieren, Taxen, Akzisen, Cotisatiounen asw. ze verzichten.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Mee wat de Staat ugeet, wëlle mer awer eng Motioun hei deponéieren, wou ebe gesot gëtt, mir solle keng Steiererhéijungen maachen. D'Leit hunn et schwéier genuch. Et ass dovunner geschwat ginn: d'Inflatioun, d'Zësen, d'Energiepräisser. Fir och elo nach Steiererhéijungen ze maachen, wéi et zum Deel ugeduecht ass, ... houfreg, d'Grundsteuer, d'CO<sub>2</sub>-Steier, alles dat. De Staat dreift selwer d'Inflatioun. Dat dierft an eisen Aen iwwerhaupt net sinn!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Déi Tripartite hat eeben eng Rei vu positive Punkten. Déi ënnersträiche mir och. Mee si huet awer och Schwächen. Do ass

zum Beispill de Reformstau an der Wirtschaftspolitik, an der Industriepolitik. Dat ass eppes, wat mir ëmmer erëm uprangeren. Mir brauche staark Entrepreneuren, well et ass nun emol eng Tatsaach, datt mir keng Sue kënnen ausginn, datt de Staat keng Suen huet, wann d'Entrepreneuren déi Suen net verdéngen. A mir brauchen eng Politik fir d'Entrepreneuren, fir d'Entrepreneuren staark ze maachen, dynamesch, volontaristesche a positiv. An dat fänkt u mat den Terraine fir d'Kleng- a Mëttelentreprisen.

An d'Entreprise brauchen eng sécher a bëlleg Energieversuergung, also just de Contraire vun deem, wat eis gréng Kolleegen hei proposéieren. Si brauchen manner Ideologie, och bei de Liwwerketten, Hëllef bei der Digitaliséierung, eng realistesch Ëmweltpolitik an net eng ideologesch. Si brauchen en attraktive Standuert, fir qualifizéiert Leit unzezéien, an dat heescht och steierlech attraktiv.

Et ass dofir interessant fir eis ze héieren, datt och Kolleege vun der CSV u sech Steiererhéijunge proposéieren: Eng nei Steuertranche soll uewe bäikommen op 45 % an enger Situatioun, wou eist Land qualifizéiert Leit aus dem Ausland muss unzéien, déi do héich bezuelt ginn ënner gudde Konditiounen.

(Interruption)

Wann een zu London Konditiounen kritt, déi een hei am Land net kritt, vu datt d'CSV Steiererhéijunge wëll maachen, jo da kréie mer déi Leit net, déi mer brauchen.

**Une voix** | Vu wien sidd Dir eigentlech Porte-parole?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dat heescht, mir müssen eng Steierpolitik maachen, déi hei net am Donstrees vum CSV-Hauptquartier entsteet, mee déi de Realitéit vun der europäescher Konkurrenz Rechnung dréit, an där mer nun emol sinn.

(Interruption)

Et ass Standuertpolitik, déi mer hei brauchen. Et ass Standuertpolitik am Vergläich zum Ausland.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mir maachen eis och Suergen ëm de Staatsbudget.

(Interruption)

Mir halen drop als ADR, datt mir de Scholdenniveau vun 30 % vum Bruttoinlandsprodukt net iwwerschreiden. Et ass extreem wichteg, datt mir deen Triple-A hei behalen, well eis Finanzplaz hänkt dovunner of. Et ass dat wichtegst Standbeen an eiser Ekonomik. Mir dierfen näischt maachen, wat dat a Gefor bréngt. An et mécht eis schon immens Suergen, datt eng vun de Regierungsparteien duerch e Minister, duerch e Member vum Staatsrot dann esou Diskussiounen ustëppelt: „Et ass jo egal, mir ginn iwwert déi 30 % eraus. D'europäesch Limit si 60 % Scholden an dofir kënnen mer wäit doriwwer ewechgoen.“ Dat ass vollkommen onverantwortlech. An et muss een der LSAP soen, wa se an d'Wale geet d'nächst Kéier: Net nëmmen hir Steiererhéijung, déi se plangen, mee och déi Verschëldungspolitik stellt d'ekonomesch Basis vun eiser Gesellschaft a Fro.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Mir wäerten an d'Wale goen!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | A wann d'ekonomesch Basis vun der Gesellschaft a Fro gestallt ass, da kennt keng Gewerkschaft, näischt ass méi do fir ze verdeelen. Är Sozialpolitik fällt zesummen, wann Der an Är Scholdepolitik esou irresponsabel Argumenter virbréngt, wéi Der et elo maacht. Dat geet net!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, erlaabt Der, datt den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, natierlech. Wann ech fäerdeg sinn, ganz gär.

(Brouhaha)

Ganz gär, awer ech maachen den Text fäerdeg an da këmmen ech mech ëm den Här Kersch.

(Hilarité)

Jo, an dann, dann huet dann ... D'Madamm Finanzminister huet eis gesot, den Här Bettel huet eis haut och gesot eeben, datt dee Volume ..., datt de Staat dat engagéiert. Do muss ech mech engem Virriedner uschléissen. D'Leit hunn dat virfinanzéiert. Well déi kal Progressioun, déi mer hunn, d'Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun, dat bedéngt jo, datt d'Leit vill ze vill Steiere bezuelen. Et fällt hinnen net op, well d'Tauxen net nominell an d'Luucht gesat ginn. Mee et ass einfach esou, datt d'Leit hei am Land méi Steiere bezuelen, wéi dat, wat eigentlech den Taux ass. An dat ass ... De Staat zitt de Leit all Joer Suen aus der Täsch, déi en net dierft huelen. An dat ass eng Situatioun, déi ass moralesch net ze verdeedegen. Si ass ekonomesch net sënnavoll a virun allem ass et eng Onéierlechkeet. A mir verlaangen als ADR, datt d'Steiertabell ugepasst gëtt. Ech freeë mech och ze gesinn, datt mer mat där Fuerderung net méi eleng stinn.

Mir wëllen – an dat ass och ganz wichteg – Kloeerheet an den Dispositiounen vun der Tripartite. Do gëtt et nach ganz vill Saachen, déi net kloer sinn, zum Beispill: Wéi eng Tariffer ginn dann elo wierklech an zu wéi engem Zäitpunkt als Referenz geholl? Wat géllt den 1. Oktober? Mir hu bei e puer Energiefirmen ugeruff an emol gefrot, wéi dann hir Aschätzung ass. An et war och bei deene Firmen eng absolutt Onsécherheet.

An ech mengen, d'Regierung soll dach weinstens bei deene wichtegsten Ubidder, wou se och nach selwer Aktionär ass, awer kloer soen, wat d'Basis ass. Et ass och ... Et si ganz vill Notiounen an deenen Texten, déi net kloer sinn. Mir kréie gesot aus der Ekonomik: Wat ass e Client résident? Wéi ass deen definéiert? Dat ass net kloer.

Wéi ass et zum Beispill mat de Kategorië vu Clienten an den Entrepreneuren? Och wéi ee Client A, B, C ass an esou weider, och dat ass net kloer definéiert. Wéi ass et mat deene Leit, déi en Décompte annuel kréien? Kënnen déi nodréiglech eng Hëllef ufroen? Och dat ass net kloer. Also Dir gesitt, Dir sidd esou houfreg op déi Accorden, mee ech mengen, do muss nach viles awer kloergestallt ginn.

An dann, wéi ass et mat der Iwwerkompenséierung? Wéi mer déi lescht Tripartite haten, ass ganz houfreg gesot ginn, jo, bei enger ganzer Rei vun niddregen Akommeskategorien: „Dat gëtt esouguer iwwerkompenséiert.“ Wann dann elo d'Indextranche, déi verluecht ginn ass, ausbezuelte gëtt, da fällt déi Iwwerkompenséierung jo warscheinlech ewech, soudatt d'Leit da manner hunn. Och dat misst eng Kéier kloergestallt ginn.

Bei eis ass och ganz sécher, datt mer beim Bensinn a beim Diesel onbedéngt gär hätten, datt de Staat dat subventionéiert, onbedéngt, fir d'Leit, fir d'Bauern, fir d'Entrepreneuren. Et ass wichteg, datt mer den Tanktourismus, deen eng wichteg Ressource an eisem Land ass, integral preservéieren. An et ass jo och eng Investitioun vun deenen Tankstellen, all déi Saachen eeben, et ass en Deel vun der Ekonomik. Och dat gëtt hei an d'Gefor bruecht duerch eng gréng Ideologie, déi irresponsabel ass, well de Klima, deen ass jo net besser, wann zu Arel getankt gëtt oder zu Diddenewe wéi hei am Land. Dat ass eng Absurditéit an et muss een dat kloer denoncieren.

Den ëffentlechen Transport, gëtt da gesot. Mee sot dat emol de Leit, déi am Éislek elo e schlecht funktionéierende Busersatzbetrieb hunn, well deen Tunnel zesummegebrach ass. Déi brauchen den Auto, fir an d'Stad ze kommen. An eleng dowéinst hätt ee misse awer emol deene Leit entgéintkommen, well déi Situatioun, déi ass jo net ze erdroen.

Mir wëllen, an dat ass vläicht déi lescht Consideratioun, ier ech dem Här Kersch d'Wuert ginn, ...

**Une voix** | Deen, deen ëmmer mam Auto fiert a keng Anung huet vum Busfueren.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... well ech wéilt dat natierlech net verpassen, déi Erklärungen, déi hien do wëll ginn. Mee et ass wichteg, datt mer eis mat den Ursaachen auserneeetzen. An d'Ursaachen, dat sinn emol d'Covidkris, dat wësse mer, do hu mer nach Problemer. Et ass och eng permissiv Geldpolitik vun der europäescher Zentralbank gewiescht. Dat kënnen mir elo hei net léisen. Mee et ass awer och d'Sanktiounspolitik. An dat muss een och ganz kloer soen, d'Regierung huet jo dës Inflatioun matgedriwwen, matverursaacht. Well wéi d'Sanktiounen ... D'CSV wollt nach méi wäit goen, ech erënnere mech nach un déi Ried, ganz remarkabel. Mee wien da Sanktiounen géint dee bis elo – elo geet et jo net méi – wichtegste Gasliwwerant hëlt, dee provoziert jo d'Inflatioun. Dat ass jo gewosst. Elo kafe mer et deier an den USA, wat mer virdru méi bëlleg kritt hunn.

Ech hätt nach eng Motioun, Här President. An et ass einfach esou, ech géif den Här Staatsminister paraphraséieren a senger Ried an der UNO, déi en do gehalten huet. Ech géif soen, et ass einfach, Sanktiounen ze verhänken, Här Staatsminister. Mee Gréisst weist een dann, wann een hinnen en Enn setzt. Dir hat dat e bëssen anescht op der UNO gesot. Weist Gréisst a setzt där Sanktiounspolitik en Enn! Well se bréngt guer näischt. Se schued de Leit, se schued eisen Entrepreneuren a si bréngt strictement näischt.

(Interruptions)

Mir als ADR op jidde Fall, mir hunn eng ganz Rei Propositionen ëmmer gemaach. Ech hat der haut e puer widderholl, fir de Leit entgéintzekommen. Ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, datt mer müssen eng Rei sozial Moosnamen huelen: D'Allocation de vie chère solle mer als Avancen ausbezuelen, de Montant erhéijen, den Elengerzéien an de Wittleit entgéintkomme mat der Steierklass. Mir brauchen Ennerstëtzung an dem Transport- a Logistiksektor. Mir müssen de Mëttelestandsbockel ausgläichen a virun allem musse mer och emol higoen an och national Reserven, och a Pétrol an esou weider, op eisem Territoire hunn.

Elo wollt ech den Här Kersch selbstverständlech invitéieren – e wollt mer nach eng Fro stellen –, fir dat kënnen ze maachen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Kersch huet d'Wuert.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här President. Ech hoffen, dass et nach eng Zäichen dauert oder dass mer et ni erliewen, dass den Här Kartheiser mer d'Wuert gëtt. Well dat wäeren, mengen ech, Zäiten, déi mer alleguerten net wëllen erliewen.

(Hilarité)

An ech hoffen och, Här Kartheiser, dass Der Iech net ze vill ëm mech këmmert, well ech fäerten, da geet et mer net ganz gutt.

Ech wollt och net, dass Dir Iech ëm mech sollt këmmen, mee ech wollt Iech just drop opmierksam maachen, dass mer an der leschter Finanzkommisioun vun der Finanzministesch gesot kritt hunn, dass



déi aktuell Staatsverschuldung bei 24,7 % läit. Dat ass also wäit ewech vun deenen 30 %, vun deenen Der virdru geschwat hutt. Dat einfach emol, fir et festzustellen. A wann iergendwellech Politiker vun der LSAP, zu deenen ech mech och rechnen, Aussoe gemaach hunn zu deenen 30 %, dann ass et net, well mer par force wëllen déi 30 % iwwerschreiden, mee dann ass et, well mer gesot hunn, dass a schwéieren Zäiten, an extraordinären Zäiten och extraordinär Mesurë missten zielen.

An da wëll ech Iech och drop opmierksam maachen, dass déi 30 %, déi zwar am Koalitionsaccord stinn als Richtwäert, selbstverständlech och fir eis eng Barriär sinn, wou mer eis Gedanke géife maachen, wann een déi géif iwwerschreiden, mee ech wëll Iech awer och drop opmierksam maachen, dass déi 30 % op absolutt kenge wëssenschaftleche Krittäre berouen.

Firwat ass et 30? Firwat ass et net 28? Firwat ass et net 32? Dat konnt bis elo kee mer erklären. An déi eenzeg Erklärung, déi et gëtt, dat ass, dass et eeben d'Hallschent vu 60 ass. 60, dat sinn déi, déi een eeben no europäesche Reegelen dierf maachen, woubäi mer awer wëssen, dass e Groussdeel vun den europäesche Länner déi souwisou guer net anhalen. D'Reegelen ziele jo anscheinend nëmmen, wann déi Kleng dovunner beträff sinn. Ech kucken op Griicheland, do sinn da grouss Mesurë gemaach ginn. A wann et déi Grouss sinn, déi se iwwerschreiden, da vergiesse mer dat op eemol. Mee dat emol op der Säit gelooss.

Also, fir eis ass et absolutt kee Must, fir déi 30 % ze iwwerschreiden. A mir sinn och net d'Scholdendreiwer, als déi Dir eis hei wëllt duerstellen. Mee mir sinn déi, déi soen, dass, wann et herno de Choix ass, ob mer an dëser Gesellschaft dës sozial Kohäsion kënnen behalen an ob mer de soziale Fridde kënnen behalen, da kënnen mir och dermat liewen, wann et 30,5 % oder 31 % sinn.

A wéi gesot, wann Der deem wëllt widdersprechen, da sot mer wannechgelift déi wëssenschaftlech Krittären, op deenen déi 30 % baséiert sinn. Ech hu bis elo keng entdeckt.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, gutt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Also, Här Kersch, merci fir déi laang Ried an déi kuerz Fro. Ech wëll Iech vläicht esou ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech kann net derfir, wann Dir méi laang braucht, bis dass Der et verstitt.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Elo, Här Kersch, erlaabt Der mer awer vläicht, e puer Wuert ze soen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Kartheiser huet elo d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Merci, Här President. Merci. Ech hoffen, den Här Kersch erënnert sech nach un déi do Wieder an den nächste Minutten.

Dat Éischt, wat ech Iech wëll soen, Här Kersch: D'LSAP ass jo déi éiweg Regierungspartei, contrairement zu der CSV. Dir sidd et! An Dir sidd a ganz villen, a ganz ville Regierungen gewiescht, wou Der déi Maastricht-Krittären ëmmer erëm confirméiert hutt. Dat ass emol d'Geschicht.

Mee et ass interessant ze gesinn, dass Der elo ofrékelt. Elo sinn et 24 %, a wann Dir elo higitt an Dir sot, an och zwee vun Äre Spätzepolitiker soen dat, an Dir hutt et och elo gesot, dass et elo net esou schlëmm ass, wa mer bei kuerz iwwer 30 leien, dann heescht dat, dass Dir am Prinzip envisagéiert oder bereit sidd ze envisagéieren, d'Staatsschuld iwwer 6 % eropzesetzen. Dat ass gravisimm!

Ech wëll Iech just drun erënnere, dass een och méi vernünfteg Stëmmen héiert an der Press. An ech wëll do de Luc Frieden zitieren, e Kolleg vun der CSV, deen awer net méi aktiv an der Politik ass, deen nach viru Kuerzem gesot huet, fir e klengt Land wier et besser, ëm 20, 25 % ze leie bei der Staatsschuld an net déi 30 ze envisagéieren.

(Brouhaha)

Dir frot, jo, jo, nee, dat ass ... An en huet, en huet am Prinzip eppes ganz Wichteges erkannt, en huet eppes ganz Wichteges erkannt domadder. Well mir müssen eng Staatsschuld kënnen dominéieren. An déi ekonomesch Basis vun engem klengen Land ass vill méi kleng a vill méi vulnerabel, zemoos zu Lëtzebuerg. A well mer total vum Finanzsektor ofhänken, oder zu engem ganz groussen Deel, si mer vill méi vulnerabel wéi eng aner Economie, déi méi breet opgestallt ass an eng Schuld kann anescht verdeelen oder och eng Banneschuld maachen. Mir hu ganz vill Bausseschuld. Mir sollte vläicht probéieren, dat och anescht ze strukturéieren. Mir si méi vulnerabel. A well mer méi vulnerabel sinn, musse mer einfach besser oppassen.

Dir frot no wëssenschaftleche Krittären. Ech soen Iech: Wéi ass dann d'Realitéit an der Welt? Déi Rating-agenturen, dat si keng wëssenschaftlech Instituter!

**Une voix** | Genau!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dat sinn Instituter, déi schätzen d'Bonitéit vun engem Land an opgrond vun enger Rei Krittären, an déi si méi oder manner objektiv. Déi kann een diskutéieren, déi sinn awer jiddfalls zum gréissten Deel bekannt. Mee mir sinn ofhängeg vun deenen. A mir kënnen deenen net soen: „Wëssenschaftlech, huet den Här Kersch, zweet Rei an der Chamber, gesot, wärend 32,5 % kee Problem.“ Mee déi soen eis eppes ganz aneres.

A wann déi den Triple-A net méi ginn, dann hu mir e Problem, ...

**Une voix** | Nee.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... net wann Dir mengt, dat wier eng gutt Saach. Well Verantwortung an der Politik, Här Kersch, dat ass net, wéi Dir elo, mat der ekonomescher Zukunft vun eisem Land spillen!

**Plusieurs voix** | O!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dat ass esou agéieren, dass mer eng sécher Zukunft hunn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Geschwat, awer net op d'Fro geäntwert.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Den Här Kartheiser huet laang geschwat, awer net op meng Fro geäntwert. Dat ass typesch.

**Une voix** | Dach.

**Une autre voix** | Ganz genau.

**M. Fernand Etgen**, Président | Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, mir debattéiere gären, kritesch a kontrovers. Als Deputéiert si mir gewielt, fir eis Meinung zu deenen Texter ze ginn, déi an der Chamber ausgeschafft ginn an déi duerno zu Gesetz ginn oder zu politesche Weichstellungen féieren.

Mir debattéieren awer net gären iwwer eppes, wat mer net kennen. Mir hunn den Accord, dee virun

zou, dräi Stonnen ënnerschriwwen ginn ass, net kënnen am Detail studéieren, well en eréischt virun enger knapper Stonn verschéckt gouf. Mir ginn der-vunner aus, dass déi 60 Deputéierten heibannen, also déi, déi elo present sinn, fir an esou enger schwéierer Situatioun fir d'Wirtschaft an de sozialen Zesummenhalt vum Land Decisiounen ze huelen, all am selwechte Boot setzen.

(*M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.*)

Mir ginn hei vun der Regierung a virewech vum Premier e bësse virgefuert. Dës Debatt, déi elo hei soll gefuert ginn, mee déi keng richteg ka sinn, well mer just brochdeelhaft Informatiounen aus der Press kritt hu respektiv no enger Queeschliesung vum Accord, dat ass keng richteg Debatt, zumindest keng, déi dësen Numm an engem demokratesch gewielte Parlament géif verdéngen.

Et ass eng Show an d'Deputéiert ginn hei zu Statist gemaach!

**Une voix** | Esou ass et!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, wat der ganzer Saach elo d'Kroun opsetzt, ass, dass mir elo dann och nach vun der Majoritéit eng Motioun virgeluecht kréien, déi d'Regierung opfuert, den Accord, dee mir net konnten analyséieren a soumat och guer net am Detail kënnen kennen, ëmzesetzen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Mir kënnen onméiglech fir dës Motioun stëmmen, well mir net blann einfach e Blankoscheck gi fir politesch Mesuren, déi mir, an ech widderhuele mech, am Detail net kennen a bei deenen ech dervunner ausginn, dass d'Auteure vun dëser Motioun se och net am Detail kennen.

Dës Debatt, Här President, hätte mir och muer féiere kënnen, op Grondlag vun engem Text, dee sech jiddereen heibannen hätt kënnen ukucken a gutt duerchliesen. Dat huet awer anscheinend net an dem Premier seng Kommunikationsstrategie gepasst, an där d'Chamber wuel net méi virkënn.

Här President, mir wiere gär heihinner komm an hätten den Accord, deen d'Gewerkschaften, d'Patronat an d'Regierung ausgeschafft hunn, seriö a kritesch diskutéiert. Domat wëll ech och kloer ënnersträichen, dass mir den Accord ganz positiv gesinn. Et geet eis guer net drëm, hei elo dësen Accord schlecht ze maachen.

(*Interruptions*)

Den Index gouf bis op Weideres erëm hiergestallt. Déi nächst Tranchë sollen ausbezuelt ginn. Dat begrësse mir ausdrécklech an dat ass de Verdéngscht vun deene Gewerkschaftler/innen an all deenen aneren engagéierte Leit, déi sech fir den Index agesat hunn. Dass dës Kéier d'Gewerkschaften allen dräi ënnerschriwwen hunn an also un engem Seel gezunn hunn, begrësse mir och ausdrécklech.

An de geleakten Informatiounen an der Press ass awer ze liesen, an de Premier huet dat haut bestätegt an et steet anscheinend och esou am Accord, dass d'Regierung sech scheinbar engagéiert huet, eng drétt méiglech Indextranche integral fir d'Betriber ze kompenséieren. Dat wier dann eng weider Ausgab vun Honnerte Milliounen Euro a géif bedeuten, dass d'Regierung do weiderfiert, wou se am Juli bei der reportierter Tranche opgehalen huet. D'Loungskäschte vun de Betriber gi vun der Allgemengheet iwwerholl. Mat deene Sue kéint een och eng seriö Steuerreform finanzéieren, déi scho laang iwwerfällg ass.

Här President, geneesou hätte mir eis ganz gären am Detail mat der Deckelung vun den Energiepräisser beschäftegt. Mir hu selwer eng Deckelung gefrot, eng Deckelung vum Präis fir de Grondbedarf vu Gas a Stroum. Dofir kann eis déi Approche vun der Regierung hei net zefriddestellen. D'Excuse fir ze soen, datt et séier goe muss, ass net berechtigt. Mir hunn am März hei schonn driwwer geschwat, wat eis elo bevirsteet a wat geschitt. Mir hunn deemools och eng Staffelung vum Präis gefrot. Sechs Méint sinn elo vergaangen, an natierlech, da muss et op eemol ganz séier goen!

*(Interruptions)*

Ech wëll awer eis Gedankegeng elo hei nach méi developpéieren. D'Energiepräisser hunn eng zolidd Hausse an de leschten zwoelf Méint ze verbuche beim Gas, Masutt a beim Stroum, Holzpellets zéien elo och nach no, ...

*(Interruptions et coups de cloche de la présidence)*

... wat vill Leit immens belaascht. Et kann ee vun enger Verdueblung bis zu enger Verdräifachung vun de Käschte schwätzen. Et gëtt gesot, dës Mesurë géifen d'Inflation bremsen. Mir wärendo e bësse méi virsiichteg. Wat gebremst gëtt, ass d'Progressioun vum Indexwuerkeuer. Ob dat awer en Afloss wäert hunn op déi strukturell Inflation, ass alles anescht ewéi sécher.

D'Verlängerung bis Enn 2023 vun der Allocation de vie chère an der Energieprimm ass richteg a batter néideg, fir déi Stéit mat klengem a ganz klengem Akommes weider ze ënnerstëtzen. Si sinn et och, déi besonnesch staark vun der allgemenger Deierecht betraff sinn, bei de Liewensmëttel, den Hygiënesartikelen, de Prëten, den Assurancen, fir der just e puer ze nennen.

Béid Hëllef kritt een awer net einfach esou. D'Bedingung beim Revenu bleiwe restriktiv. Leit mat Revenuen, déi nach därelech ënner engem duerschnëttleche Loun leien, si vun der Allocation de vie chère an der Prime énergie ausgeschloss. Donieft si vill bürokratesch Demarchen néideg, déi d'Leit ofschrecken kënnen.

Déi op 15 % gedeckelt Hausse beim Gas bréngt eng weider Belaaschtung fir d'Stéit, och iwwert déi nächst Méint eraus. D'Präisser fir d'Energie klammen also eng weider Kéier, just datt de Staat elo d'Käschte vum groussen Deel vun dëser Hausse iwwerhëlt an dofir déi héich Präisser sech net méi am Index repercutéieren.

Ekonomesch huet dat awer keen Afloss op d'Inflation selwer, an d'Präisdeierecht op allen anere Produkter wäert och weider fir d'Leit spierbar sinn. De Statec geet dervunner aus, datt domadder just nach eng Tranche am Februar an dann déi verréckelt Tranche am Abrëll erfällt. Et muss een awer oppassen, datt dat sech net erëm als ze vill optimisteschem erausstellt.

A wat dann? Et ka jo net sinn, datt all – ech betounen: all! – d'Betribler Kompensatiounen kréien, einfach mat der Strenz. Oder wat ass der Regierung hire Plang? D'Problemer op déi nächst Regierung ofzewälzen?

Wat d'Deckelung vun den Energiepräisser ubelaangt, hate mir eng Propos gemaach, an zwar déi vun enger Deckelung vum Präis fir de Grondbedarf, esou änlech wéi beim Wasserpräis. Mee dat schéngt jo wuel keen ze interesséieren an der Regierung.

De Grondverbrauch vun engem Stot a Fonctioun vun der Unzuel u Persounen, déi am Stot liewen, soll präislech gedeckelt sinn. Dëst fir kloer ze maachen, datt Energie e Grondbesoin vun all Mënsch ass an

datt e Grondbesoin net kann an net dierf ageschränkt ginn, well et zu massive Präisschwankungen op internationalen Energiemäert kënnt.

Dee méi héije Verbrauch dogéint muss deementspreechend méi deier ginn, fir op deem Wee e gestaffelte Präis anzeféieren, deen engersäits d'Recht op Energie unerkennt a gläichzäiteg, an dat wëlle mer och ënnersträichen, zu Aspierungen ureegt, besonnesch do, wou Energie verbëtzt gëtt.

Den Accord schéngt jo esou eng Mesure zumindest unzedeite beim Stroum. Wa bis e Verbrauch vu 25.000 Kilowattstonne ka gedeckelt ginn, da kann een dat och richteg a sënnavoll maachen, wa mir eis bewosst sinn, datt en Duerschnëttstot zu Lëtzebuerg zirka 4.000 Kilowattstonnen d'Joer brauch. Dat ass elo hei net de Fall. Jidderee profitéiert elo d'selwecht vun där Mesure. Dat ass fir eis an där Hisiicht problematesch, well dat gëtt kee Signal, fir Energie anzespueren. Am Géigendeel, d'Signal, dat vun där heiter Mesure ausgeet, ass: „Dir kënnt esou vill Energie verbrauchen, wéi wann näischt wier!“ Dat ass par rapport zum Klimawandel an eiser Ofhängegkeet vu fossilen Energie mëttelfristeg ganz problematesch.

Ech kann e puer Beispiller ginn. Eng Immobilienagence kritt d'Hëtz vun de Bürosraim finanzéiert vum Staat. Leit mat Schwämm kréien déi elo vun eis all iwwert d'Steiere gehëtzt. Dat ass souguer verbrauchen, wéi wann näischt wier!“ Dat ass par rapport zum Klimawandel an eiser Ofhängegkeet vu fossilen Energie mëttelfristeg ganz problematesch.

Ech kann e puer Beispiller ginn. Eng Immobilienagence kritt d'Hëtz vun de Bürosraim finanzéiert vum Staat. Leit mat Schwämm kréien déi elo vun eis all iwwert d'Steiere gehëtzt. Dat ass souguer verbrauchen, wéi wann näischt wier!“ Dat ass par rapport zum Klimawandel an eiser Ofhängegkeet vu fossilen Energie mëttelfristeg ganz problematesch.

D'Leit dobausséi froe sech esou lues, wéi een dat alles soll bezuelen. An d'Antwort vun der Regierung bis elo ass just: „Mol kucken, noutfalls iwwer nei Scholden.“

Fir eis als déi Lénk sinn nei Scholden awer just déi zweetbescht Optioun. Am beschten ass et, d'Suen do sichen ze goen, wou se sinn. Dofir hu mir eng eemoleg Krisesteier virgeschloen vu 15 % fir Leit mat engem besteierbaren Akommes iwwer 150.000 Euro a fir d'Betribler mat engem besteierbare Benefiss iwwer 200.000 Euro. Dat ass einfach ëmzesetzen a géif viraussichtlech iwwer eng Milliard un neie Recettë generéieren an domadder d'Krisemesurë géigefinanzéieren.

Ech wëll dofir hei eng Motioun deposéieren, déi eng Krisesteier fuerdert op héije Revenue bei de Privatpersounen an op héije Benefisser bei den Entrepreneuren. Mir hunn dës Motioun ganz bewosst oppe formuléiert, dat heescht, ouni Prozentsätz a Montanten, fir datt och jiddwereen heibanne sech kann uschléissen, dee wëllt mat op dee Wee goen. Här President, ech iwwerreechen Iech heimadder d'Motioun.

### **Motion 3**

*La Chambre des Députés, considérant*

– que le taux d'inflation élevé constaté depuis le début de l'année met sous pression de nombreux ménages et entreprises ;

– que les effets de la crise touchent les ménages et les entreprises de manière inégale et que certains ménages et certaines entreprises ont davantage la capacité à gérer les effets de la crise ;

– que les mesures décidées par le Gouvernement au printemps et en automne de cette année pour lutter contre les effets de l'inflation ont un impacte considérable sur le budget d'État ;

– qu'en temps de crise, une solidarité exceptionnelle est requise pour surmonter les défis posés,

invite le Gouvernement

– à mettre en place un impôt de crise exceptionnel auquel seront soumises les personnes physiques à haut revenu et les personnes morales aux bénéfices importants et qui a vocation à générer des recettes substantielles ;

– à mettre en œuvre cet impôt de crise de préférence de manière rétroactive pour l'année fiscale 2022 ou, le cas échéant, pour l'année fiscale 2023.

(s.) Myriam Cecchetti, Nathalie Oberweis.

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | All déi heibanen, déi gemengt hunn, den Index wär net sozial, well déi héich Revenuen dovunner méi profitéieren, déi misste jo dann elo mat dëser Propos averstane sinn.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Well domat kann déi sozial an ekologesch Gerechtegkeet zumindest deelweis nees reetabliert ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, fir déi, déi dann nogelauschert hunn.

*(Interruptions)*

**M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance | Merci och. An nächste Riedner, dee schonn erbäigeflu komm ass, ass de Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut kritt d'Chamber dann elo den zweeten Tripartite-Accord fir dëst Joer virgeluecht. A wéi schonns beim éischten Accord ass ze bemängelen, datt d'Chamber bei den Diskussiounen ronderëm den Accord dach erëm e bëssen am Ree stoe gelooss gouf. Alt nees hunn d'Deputéiert nieft enger klenger Presentatioun vum Statec hir Informatiounen misse selwer an den Zeitungen an zum Deel op gouvernement.lu nosiche goen.

*(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)*

Mir hate knapps d'Méiglechkeet, den Accord virun eiser Stellungnam ze liesen.

De Mëtteg koumen als Éischt Informatiounen op RTL, déi mir net konnten iwwerpräiwen, bis mer dunn eng Stonn an 13 Minutte virun dëser Sëtzung den Text dann och zougestallt kruten. Am Contraire zu menger Virriednerin muss ech awer soen, datt ech et fäerdegbruecht hunn, an enger Stonn déi zéng Säiten Text ze liesen.

**Plusieurs voix** | Bravo!

*(Applaudissement)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Éischtens waren déi éischt véier Säiten e bësse „fluff piece“, an den Inhalt kondenséiert sech u sech op e puer „bullet points“, déi mer jo dank der Press och scho woussten, soudatt mer eis dann awer d'Fro stellen, ...

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Dat ass einfach net seriö! Punkt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Cecchetti, d'Wuert huet den Här Sven Clement an Dir net.

*(Interruption par Mme Myriam Cecchetti)*

Madamm Cecchetti, wannechgelift!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Wéi kann et am 21. Joerhonnert, an dat si mer haut, nach sinn, datt mir



als éischte Pouvoir vum Land, als Verrieder vum Vollek, als direkt gewielte Verrieder, d'Informationen, déi de Staat betreffen, aus zweeter Hand, aus Leaks, mussen kucken goen, fir eis Rieden ze preparéieren?

Haut leet de Premier eis also e Mesurëpäck vir, dee mer censéiert sinn unzehuelen, well mir hunn eng Motioun vun der Majoritéit hei virleien, déi mer censéiert sinn unzehuelen, wou drasteet, mir géifen den Accord wëllen ëmsetzen.

Mee ech kann Iech soen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn der Meenung, dass een deen Accord soll ëmsetzen, well dat ass e Bestanddeel vum Sozialdialog. Dat wäert och de Grond sinn, ech kommen herno nach eng Kéier drop ze schwätzen, firwat mer déi Motioun mat Jo stëmmen. Mee mir wäerten eis awer déi Gesetzer, déi dofir mussen deposéiert ginn, ganz am Detail ukucken. A mir wäerten eis och virbehalen, bei deene Gesetzer net onbedéngt ëmmer mat Jo ze stëmmen, well ech mengen, dass d'Aufgab vun der Chamber, fir dat ze kontrolléieren.

*(Interruption)*

Wat ech bedauern, ass, dass trotz dräi Méint Summer, dräi Méint Zäit, wou ee sech hätt kënnen progressiv op déi Tripartite preparéieren, mer erëm ouni konkret Zuelen dostinn. Et gëtt eng konkret Zuel an deem ganzen Text, dass ass 1,1 Milliard. Ech kommen nach eng Kéier dorobber zrëck, mee fir de Rescht ass et eng Kaz am Sak.

A bei Kazen am Sak, Här President, hu mer an der Vergaangenheet hei am héijen Haus dach awer schlecht Erfarunge gemaach, ob et e Satellit war oder en Tripartite-Accord vu virun e puer Méint. Do goufen eis Zuelen an Zenarie virgerechent, déi schonn haut net méi der Realitéit entspriechen.

Ma deemools gouf vu Majoritéitssäit net un dësen Zuele gezweifelt. Haut schlot Der aner Téin heibanen un a schwätzt vun Onsécherheeten, Onkloerheeten an eventuell engem Virbehalt, sech dat nach eng Kéier mussen am Genauen unzekucken. An de Premier selwer sot, dass de leschten Accord jo elo weinst der verännerten Situatioun fir d'Poubelle wär. Mir si frou, dass de Premier dat agesinn huet, wann och leider méi spéit wéi deemools, wou hei am Haus driwwer diskutéiert gouf.

Elo sti mer da bei deem zweeten Accord, wou mir als Opposition dach déi nimmlecht Zweifel hunn: Geet déi Rechnung hei op? D'Regierung hat esou vill Zäit, Mesuren ze preparéieren, well dës Kris huet sech net déi lescht dräi Wochen ofgespillt, net déi 30 Stonnen zu Senneng am Schlass. Dës Kris huet sech an deene leschte Méint méi wéi däitlech ofgezeechent. An elo gëtt dann hei eng Géisskanepolitik domadder justifiéiert, dass ee schnell hätt missen hëllefen a keng Zäit fir cibléiert Mesuren hätt. Dat stëmmt, wann een ze spéit ufänkt!

Et stëmmt awer esou net, well vill Rechnungen, Proposen oder Zenarien hätt een och scho kënnen am Virus chiffréieren.

**Une voix** | Zum Beispill?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech kann Iech haut also net ënnerschreiwen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat dat heite final kaschte wäert. An ech hätt u sech gären e puer Analyse méi, bevir mer hei erëm d'Suen aus de Staatskeesen ausginn. Mee och zu deene grouse Punkten hei aus dem Accord, déi elo bekannt sinn, déi och schonn an der Effentlechkeet deelweis diskutéiert goufen, muss ee jo soen, dass sécherlech de Präisdeckel déi Moossnam ass, déi de gréissten Impakt wäert hunn, mee och déi, déi am deierste wäert ginn.

De Präisdeckel ass jo och an aneren europäesche Länner an der Diskussioun oder schonn eng Realitéit. A mir mussen als Piraten och soen, dass et eng zimmlech effikass Léisung ass, zumindest mam Zil, d'Inflatioun ze bekämpfen, mee awer och, fir d'Kafkraaft ze erhalen. Dat wichtegst ass, dass d'Leit net mussen fäerten, dass hir Energierechnungen iwwert de Wanter elo nach weider explodéieren.

Do derniewent gëtt den Index bäibehalen. Dat ass gutt an dat ass richteg a virun allem ass et e wichtegt Signal, dass mer un deem Instrument net rëselen.

De Präisdeckel suergt awer och derfir, dass d'Indextranchen net esou schnell hannereneen erfalen a mer domadder dem Salariat duerch d'Kafkraafterhalen, mee awer och dem Entrepreneuriat duerch Previsibilitéit gläichzäitig hëllefe kënnen, eng Win-win-Situatioun, ausser fir d'Staatskeess. Mee bon, do kommen ech nach derzou.

Duerfir ass de Präisdeckel op den éischte Bléck eng effikass Léisung. Doriwwer eraus ass en ouni vill bürokrateschen Opwand grad zu Lëtzebuerg mat nëmmen engem groussen an e puer manner groussen Energie-liwweranten ouni vill bürokrateschen Opwand a schnell realisierbar.

Et gëtt awer, an dat sot ech och schonn an der Vergaangenheet, e puer grouss Bemolle bei dësem Präisdeckel. Am September huet de Minister Turmes d'Campagne „Zesumme spueren – Zesammenhalen“ presentéiert. Ma zum Präisdeckel muss een da soen: Är Spuercampagne hätt Der Iech kënnen spueren! Wéi solle mer d'Leit dobaussen elo nach iwwerzeegen, dass Energiespuere Sënn mécht? Mir motivéieren d'Leit a kengster Weis, hir Gewunnechten ze änneren.

Den zweete Bemoll beim Präisdeckel: Mir maache keng Sozialpolitik! Hei geet een emol mat der Strenz iwwer all Stot. All Stot gëtt subventionéiert, ob een elo an 30 Quadratmeter wunnt an déi Hëtze muss oder op 500 Quadratmeter. Mir bezuelen d'Hëtze vum Kannerzëmmer genausou mat wéi d'Hëtze vun enger Sauna oder engem Indoor-Swimmingpool, fir déi, déi esou een hunn, ech op alle Fall net.

Den Deckel vun de 25.000 Kilowattstonnen, deen am Tripartite-Accord drasteet, géif duergoe laut der Simulatioun, wann een op Enovos kucke geet, fir e Stot vu 24 Persounen d'Joer mat Stroum ze versueren oder fir déi, déi e bësse méi kleng wëlle rechnen, e Véier-Persounen-Haushalt kéint domadder nach all Dag eng Sauna bedriewen an e géif nach net op 25.000 Kilowattstonne Stroumverbrauch d'Joer kommen. Dat ass null sozial selektiv. An an dësem Sënn ass de Präisdeckel dann awer net ganz effikass. En hëlleft net deene Richtegen an e gaukelt nach de Leit vir, dass de Klimawandel aktuell keen Thema wier.

An dat ass falsch. Mir sollten d'Biergerinnen an d'Bierger, virun allem déi mam décke Portmonni, motivéiere fir ze spueren. A mir sollte Millionäre keng Kaddoen um Gas- oder Elektrizitéitspräis maachen. De Präisdeckel finanziert definitiv och eng grouss Unzuel vu Leit, déi guer keng sozial Ënnerstëtzung hei gebraucht hätten. Dat mécht en, wann een da genau hikuckt, och erëm net effikass. An déi Milliard oder déi 1,1 Milliard, vun där mer elo schwätzen, hätt een och kënnen an aner Moossnamen investéieren, wéi zum Beispill déi Elengerzéiend steierlech ze entlaaschten.

Esou vill vläicht zum Präisdeckel, Här President, oder, wann ech genau nodenken, net. Well während eis Regierung heiheem e Präisdeckel ënnerstëtzt an och op de Wee bréngt, hat se awer op EU-Plang verpasst, de Bréif fir en EU-Cap um Gas matzeënnerschreiwen.

An duerfir, Här President, hunn ech eng Motioun matbruecht, déi de lëtzebuergeschen Energieminister

géif opfuerderen, fir e Freiden am Energieconseil d'Fuerderunge vu senge Kolleegen, ënner anerem aus der Belsch an aus Frankräich, matzeënnerstëtzen. Wannechgelift.

**Motion 4**

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest,*

*– dass 13 Memberstaaten de 26. September e Bréif und d'EU-Kommissärin Simson gericht hunn;*

*– an dësem Bréif d'Energieministere froen, fir e „price cap“ op Äerdgas EU-wäit anzeféieren, fir esou d'Inflatioun ze bremsen an d'Profitter an dësem Secteur ze limitéieren;*

*– Lëtzebuerg huet eisen Informatiounen no dësem Bréif net matënnerschriften.*

*Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,*

*– dass de Lëtzeburger Energieminister am Energieconseil dëse Freiden, 30. September, dës Fuerderung matënnersëtzt.*

*(s.) Sven Clement, Marc Goergen.*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Bon.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Et ass elo ze spéit. Mir hunn et schonn am COREPER ënnerstëtzt.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dir hutt et schonn ënnerstëtzt? Ben, da kënnst Der d'Motioun jo herno matstëmmen, also Är Kolleeg vum der Majoritéit.

*(Hilarité)*

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Mir mussen Energie spueren.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Et ass gutt. Jo, mir erënnere eis drun. Mee wann ee waarm Loft produzéiert, kann een déi mat enger Loftwärmepompe fir Energie notzen. Dat heescht, mir kënnen roueg nach e bëssen driwwer schwätzen, dann hu mer weinstens eppes gemaach, fir hei de Raum ze hëtzen.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Da bräicht Dir keng Heizung méi doheem.

*(Hilarité)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ben, Här Premier, ech weess net, wéi Dir heizt, ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... mee ech hunn, mengen ech, méi fir de Klimawandel gemaach, wéi nëmmen eng Jugurtsmaschinn ze kafen.

**Plusieurs voix** | O!

*(Brouhaha)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Bon. Zréck zur Tripartite. Et goufe jo nach aner Moossname genannt. D'Reduktioun vun der TVA ënnerstëtze mer, dass hu mer scho gefuerdert, d'Reduktioun op de Brennes, nei Hëllefe fir PMEen a keng Erhéijung vun den Zëmmerpräisser an den Altersheemer. An et goufen och Saachen als Moossname verkaaft, déi keng sinn. De Mindestloun gëtt all zwee Joer duerch en Automatismus un de Salaire moyen ugepasst. Dat als Hëllefe duerch dësen Accord ze presentéieren ass net richteg! Déi Erhéijung wier souwisou geschwé fälleg gewiescht. A jo, natierlech hätt d'Regierung se net kënnen maachen, mee dat wier dann definitiv Bedruch um Wieler gewiescht.

A soulaang de Mindestloun net steierbefreit ass, sinn déi 76 Euro brutto, déi d'Leit da kréien, ee-ben och nach laang keng 76 Euro netto. An iwwert d'Steierbefreiungen hate mer am Juli eng gréisser Diskussioun hei an ech mengen, do si Pisten opgewise ginn.

Mee, Här President, nieft deene Mesuren, déi mer gutt fannen, mussen mer awer och soen, datt mer hei verschidden Hëllef nach vermessen, déi an eisen Aen awer wichteg gewiescht wären.

Leider gouf et komplett vergiess, iergendeppes am Beräich vum Logement ze maachen. Mat de souwisou schonn héije Präisser an elo méi héijen Zënse op Prête gëtt et fir vill Leit schwéier, hiren aktuelle Prêt nach ze finanzéieren. D'Loune gëtt och net méi einfach hei am Land, well d'Bailleuren och meeschtens iwwer Prête finanzéiert sinn. An esou hätt kënne de steierlech ofsetzbare Plaffong op Immobiliepräiten an Zënse gehéicht ginn, sous condition, datt d'Leit selwer do wunnen. Oder et hätt een d'Chance kënnen ergräifen, eppes ganz Verrécktes ze maachen an en Deel vum Loyer zum Beispill steierlech als Frais d'obtention geltend maachen.

Netdestotrotz, dësen Accord ass wichteg. Mee et ass awer och en Accord vun de verpasste Chancen, zum Beispill dee vun der verpasster Chance, wéi mer éischter dëst Joer iwwer d'Steierreformen diskutéiert hunn.

Alles an allem kënne mer mat deene Moosnamen awer liewen, wa se dann esou wéi ugekënnegt kommen, trotz deem, datt bei ville Punkten déi selwecht Kritik wéi beim Präisdeckel unzeféieren ass: feelend sozial Selektivitéit, keng wierklech Incentiver fir Klimaschutz si ginn.

Mir finanzéieren, an dat muss der Regierung kloer sinn, mat ville Moosnamen am Package och d'Multimillionären an déi déck Entreprises. Zum Beispill, falls eng drëtt Indexbranche kënnt, gëtt et null Selektivitéit. Do hätt ech mer awer kënne virstellen, an ech hunn dat an deene leschte Wochen e puermol effentlech gesot, datt mer iwwer eng Aide au coût non couvert hätte misse goen an net blanko soen: „Eng drëtt Indexbranche gëtt zu 100 % vum Staat iwwerholl!“ Nämlech och fir Firmen, déi déck Margen an héich Profitter hunn. A mir hunn där! A mir hunn der, déi wëllen a kënne sech en Index leeschten. An da ginn et déi, déi Hëllef brauchen, an deene mussen mer cibléiert hëllef!

Enfin gëtt de Leit virgegaukelt, et wier iergendwéi awer elo alles erëm gutt. An dobäi hu mer en Energieproblem hei an Europa an et ass verdammt wichtig, datt mer eis druginn, fir déi Energie ze spueren, déi mer mussen spueren, eleng schonn aus Solidaritéit mat eisen Nopeschlänner, eleng schonn aus Solidaritéit mat den nächste Generatiounen, eleng scho weinst der Klimakris.

An dann e leschte Punkt, Här President, an da kommen ech zum Schluss: de Käschtepunkt vun dësem Accord. Ech sot et, 1,1 Milliard ass déi eenzeg Zuel, déi konkret an deem Accord drasteet. 1,1 Milliard gëtt gesot, an zesumme mat där 1,5 Milliard aus dem Mäerz wieren dat awer dann ewell schonn 2,6 Milliarden. Et iwwerschneit sech warscheinlech e bëssen. Mee dat si 4.125 Euro pro Biergerin a Bierger vun 0 Joer bis 99 Joer plus hei zu Lëtzebuerg, déi dëst Joer fir d'Kafkraaft géint d'Inflatioun mobiliséiert goufen.

An dann ass d'Fro bei esou engem héije Montant: Wat ass den Impakt dovunner op déi zukünftige Staatsbudgeten? Ech hoffen, datt mer an zwou Wochen, wann de Staatsbudget presentéiert gëtt, méi konkret Zuelen dofir gesinn, well mir kënne net einfach nokucken, wéi mer aus där lénker Täsche an déi riets Suen hin- an hierschiben an da behaupten, alles wär erëm gutt.

D'Leit kréien Indexbranchen a mussen duerfir méi Steiere bezuelen. Se kréien eng Energieprim, déi se selwer mat hire Steiergelder finanzéieren. An allequerten d'Mesurë gi vun de Leit selwer bezuelt, an

dat, well dës Regierung zënter hirem éischten Amtsuntrëtt d'Geld, wa se et hat, direkt erëm ausginn huet.

An all Budgetsdebat, wou mer och nëmmen an d'Géigend vun engem Excedent komm sinn, stoung d'Oppositoun hei an huet gesot: „Wéi ass et mam Apel fir den Duuscht?“

Allkéiers huet d'Regierung gesot: „Maacht Iech keng Suergen, mir hu Croissance. De Problem ass geléist!“ Elo gesi mer et. Mir hätten eis den Apel sollen halen, dann hätte mer elo nach e puer Äppel am Kuerf fir den Duuscht an et wär méi einfach a mat manner Schold ze realiséieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement.

(Interruption)

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | E seet dat eent a säi Contraire. An et seet keen eppes!

### Prise de position du Gouvernement

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, merci fir den Debat haut. Just zur Informatioun, um 13.35 Auer ass den Accord ënnerschrifwe ginn, um 13.45 Auer ass en an d'Chamber verschéckt ginn, dat heescht, zéng Minuten drop. Mir wollten awer en Accord hunn, deen och ënnerschrifwe wär, fir Iech en ze soumettéieren. Ech wollt dat just hei soen.

Här President, ech wëll deene meeschte Riedner och e grouse Merci soe fir dee konstruktiven Debat, also déi konstruktiv Annoncen, déi se hei gemaach hunn, a virun allem dee Wonsch, fir konstruktiv matzeschaffen. Et sinn zwou Oppositounsparteien, déi och scho matgedeelt hunn, dass se keng Kaz am Sak wëlte kafen, mee dass se awer och bereet wieren, Responsabilitéit ze iwwerhuelen an dann au fur et à mesure, wat och an den Texter wier, konstruktiv an och positiv matzeschaffen. Ech wëll soen, dass dat fir mech eppes ass, wat weist, dass d'Zesammenhalen, esou wéi ech et virdru scho beschriwwen hunn, dat ass, wat och d'Force hei an dësem Land ass.

Fir eng Rëtsch vu Kollege muss ech just nach eng Kéier ganz kuerz erklären: Et geet hei drëms, d'Inflatioun ze bekämpfen. D'Inflatioun kréie mer net bekämpft, an dat krute mer vum Stater gesot, wa mer selektiv fieren. Ech muss dat hei nach eng Kéier soen, well et ass ganz einfach, hei Vergläicher ze maachen, déi de Leit vläicht dann den Owend an der Stuff gutt gefalen, wa se gesot kréien: „Kuckt hei, dat dote gëtt verglach mat deem do.“ An da gëtt probéiert, den Näid hei grouss ze kréien. Nee, hei geet et drëms, d'Inflatioun an de Grëff ze kréien, a mir kréien d'Inflatioun just an de Grëff, andeems mer d'Präisser deckelen! An do kann een net selektiv sinn, well soss huet dat och dem Calcul no net deen Impakt, deen necessaire ass. Déi Indexbranchen, déi fënnef, déi kéinte kommen, do muss een awer och kucken, dass dat nach fir d'Wirtschaft erdrobar ass.

Dowéinst: Ech géif wierklech hei insistéieren op dee Fait. Vun de Majoritéitsparteien an och vun enger Rëtsch vun anere Parteien hunn der awer och verstanen, dass dat hei de Modus ass, d'Inflatioun ze bremsen. Jo, ech kann Iech och soen, dass eng Rëtsch vu Leit léiwer den Index manipuléiert hätten, dat heescht, dass se dru fréckele gaange wären, Tranchen ausgesat hätten, Tranchen net ausbezuelt hätten. Dat war mat dëser Regierung net méiglech!

**Une voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | An ech hunn et scho virun e puer Woche gesot, Här President. Wéi hätte mir kënne erklären als Politik, dass an deene Wochen, wou d'Leit Rechnungen kréien, déi esou héich sinn, a Prête mussen zrëckbezuelen, déi och méi deier ginn, an awer e Coût de vie hunn, dee méi deier gëtt, mir da géifen op eng Kéier als Politik soen, mat dem Patronat, mat de Gewerkschaften: „Jo, déi Indexbranche, déi elo kënnt, déi erfält net!“ Dat hätt keen dobausse verstanen.

A gleeft mer, wann op eng Kéier d'Leit d'Gefill kréien, dass d'Politik sech net mat der Realitéit um Terrain identifizéiere kann, da kréie mer de Problem, dass d'Leit op eng Kéier net méi un d'Politik gleewen an dass se d'Gefill hunn, dass hinnen net méi nogelauschert gëtt oder op jidde Fall, dass mir net méi mat der Realitéit, mat de Problemer, déi se am Alldag hunn, och Politik wëlle maachen, fir do eebe Léisungen ze fannen.

Dofir war et fir eis wichtig an et war mir wichtig, an et war deenen aneren dräi Parteien och wichtig an der Majoritéit, dass déi nächst Indexbranche sollt erfalen. An tatsächlech wësse mir awer, wéi schwéier et gëtt fir d'Betribler, och elo déi nächst sechs Méint, well et ass jo eng Indexbranche, déi dann elo ufangs des Joers wäert erfalen, plus déi vum Abrëll, plus de Mindestloun, deen erhéicht gëtt. Mee einfach ze soe „Mir annuléiere se!“ oder „Déi erfält net!“, dat wier a mengen Aen och problematesch gewiescht.

Et si verschidde Leit, déi soen: „Jo, mee d'Betribler kréie gehollef an hei gëtt d'Engagement geholl fir 2023.“ Jo, et ass en Engagement, dat mer huelen. 2023, do weess keen, wat nach geschitt, et weess keen, wat lass ass. Mee fir ze mengen, dass 2023 d'Betribler dräi Indexbranchen kéinten integral ausbezuere plus eng Augmentatioun vum Mindestloun, an niewebäi awer och nach d'Coûte vu Matières premières, ...! Well mir hunn elo vun Energie geschwat, Dir wësst awer zum Beispill ganz genau, dass d'Holz méi deier ginn ass. Den Här Haagen ass amgaangen, mat der Agrikultur ze schwätzen, well och do gëtt alles méi deier an och méi schwéier. An iwwerhaapt nach Produiten ze kréie gëtt och méi problematesch. An duerfir ass et och wichtig, dass mer déi Decisiounen do huelen.

Ech hunn och d'Gefill, Här President, dass verschidde Leit d'Bierger ënnerschatzen. Wa se mengen, dass mat dëse Mesuren d'Leit dann einfach géifen d'Energie net wëlle spueren, ënnerschatze se d'Lëtzeburger. Ech hat geduecht, se géife se besser kennen. Déi meescht Lëtzeburger hu verstanen, dass et net ëm de Präis geet, mee dass mer vläicht eng Kéier de Risk hunn, e Blackout ze hunn, wa jiddweree mengt, e kéint esou weiderfuere wéi elo!

**Une voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | A gleeft mer, dass d'Lëtzeburger do solidaresch sinn, vis-à-vis vun deenen anere solidaresch sinn, vis-à-vis vun enger Wirtschaft solidaresch sinn, och vis-à-vis vun hiren Noperen a vun deenen anere Leit, andeems se wëssen, dass mat e bësse spueren, wou jiddwereen e klengen Effort ka maachen, ee Grousses ka bewierken!

An ech sinn iwwerzeegt, dass déi Campagne vum Här Turmes a vun der ganzer Regierung net ëmsoss war an dass de Message deen ass: „Spuert elo!“ Well egal, och wann et nëmmen eng Hausse vu 15 % ass, a fir verschidde Leit heibannen ass dat vläicht egal, mee et ass scho méi deier wéi d'lescht Joer! Et ass nach méi deier wéi d'Joer virdru. An dofir, ze mengen, dass et de Leit egal wier, wiwill op hiren Elektresrechnungen, op hire Gasrechnungen op der Rechnung steet, dat ass de Lëtzeburger net ze erkennen. Ech traue



de Lëtzebuerger vill méi wéi verschidde Leit heibanen ...

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | ... an ech soen deene Merci, déi déi nächst Wochen och wäerten alles maachen, fir dass mer d'Inflatioun gebremst kréien, fir dass eis Wirtschaft weider bestoe bleiwe kann, dass mer d'Aarbechtsplaze kënnen weider halen hei zu Lëtzebuerg. Well wat hätte mer der-vunner, wann d'Entreprises zoumaachen an duerno d'Leit keng Aarbecht hätten? Duerfir dee staarken Engagement vun dëser Regierung an, hoffen ech, och heibanne vun der Majoritéit a vun deenen, déi méi wëlle maachen, vun der Politik vis-à-vis vun enger Kris, wéi mer se säit Laangem net kannt hunn, fir dass mer net eng Energiekris hunn, déi sech zu enger Sozialkris ëmwandelt, zu enger Wirtschaftskris an zu engem Cercle infernal, aus deem mer ni géifen erauskommen!

Ech trauen Iech an ech trauen de Lëtzebuerger do-baussen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

### Motions

Mir kommen elo nach zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen.

### Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Här Gilles Baum deposéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu där Motioun ergräifen? Den Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Mir stëmmen dës Motioun mat, sachant bien, dass mer eis op den Dispositiv beruffen, nämlech, dass déi Moossnamen, déi ugekënnegt sinn, och zwëschen de Sozialpartner ofgemaach goufen – unanime d'ailleurs –, schnell ëmgesat ginn, mee saluant, saluant, saluant, dat ass e bëssen ze vill eng Huldigung. Dat erënnert mech un „Je vous salue, Marie ...“, an hei saluéiere mir net d'Regierung.

(Brouhaha)

An duerfir maache mer Abstraktioun vun dem Preamble. Mee fir de Rescht stëmmen mer se mat. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. An da geet d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, gesitt Der, wéi ënnerschiedlech d'Parteien awer sinn?

(Hilarité)

**Une voix** | Très bien!

**Une autre voix** | Tant mieux!

(Coups de cloche de la présidence)

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech mengen, den Här Roth gesäit, datt der Regierung gehuldegt gëtt, a stëmmt mat. A mir soen: Der Regierung gëtt gehuldegt a mir stëmmen et net mat! Mee dat ass natierlech dann eng Präferenz oder eng Decisioun, déi déi eng kënnen huelen an déi aner net huelen an deem Sënn.

Mir sinn awer, an dat wëll ech och kloer soen, net géint deen Text, eeben och, well mer eng ganz Rei positiv Saachen hei an dësem Tripartite-Accord gesinn. Dofir wäerte mer eis enthalen.

A wann d'Regierung an d'Regierungsparteie bereet wäeren, déi Huldigung ewechzeloossen a vläicht

nëmmen den Dispositiv „invite le Gouvernement ...“ géife loosser, da géife mer et souguer matstëmmen. Awer, wéi gesot, mir sinn net bereet, déi heite Saache matzedroen.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech sot virdrun a menger Ried: Et ass relativ positiv, wat d'Regierung oder besser gesot d'Majoritéitsparteien eis hei virschloen. Ech hunn ee ganz spezielle Problem iwwert déi Saluonsen a Félicitonsen a Rappelonsen a Consideranten ewech, an dat ass d'Envergure historique. Dat weist, wéi kuerz d'Gediechtnes heiansdo ass. Den Accord am Mäerz war 1,5 Milliard, dësen Accord ass 1,1 Milliard, an da schwätze mer dës Kéier erëm vun „historique“. Ech mengen, iergendwann ginn eis d'Superlativen aus, fir eppes nach méi grouss ze schwätzen, wéi et ass.

Netdestotz si mer derfir, datt deen Accord ëmgesat gëtt, an duerfir stëmmen mer et mat.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, wéi Der jo schonn an eiser Ried héieren hutt, enthalte mir eis bei dëser Motioun, ...

(Brouhaha)

... enthalte mir eis bei dëser Motioun, well wéi ech et erkläert hunn: Mir kafe keng Kaz am Sak! Mir wäerten awer, wéi och aner Parteien dat hei gesot hunn, an der Tripartite-Kommissioun aktiv matschaffen, esou wéi mer dat d'leschte Kéier och scho gemaach hunn. Obwuel mer nëmmen Observateur sinn, wäerte mer awer Eist bäisteieren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti.

Ech mengen, da kënnen mer elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen, d'Motioun Nummer 1.

### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 53 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a 6 Abstentiounen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 est adoptée par 54 voix pour et 6 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Félix Eischen), Léon Gloden (par M. Emile Eicher), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard),*

*M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

### Motion 2

Da kéime mer elo zur Motioun Nummer 2, déi vun der ADR-Sensibilitéit deposéiert ginn ass.

Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Ech ka mech hei ganz kuerz faassen. Et gëtt verlaangt, fir bis d'Enn vun der Legislaturperiod op all Erhéijung vu Steieren, Taxen, Akzisen, Cotisationsen ze verzichten. Dir wësst, dass d'CO<sub>2</sub>-Steier eng Partie intégrante ass vum Koalitiounsofkommen. Dir wësst, dass eng Upassung virgesinn ass op den 1. Januar, an déi Upassung wäert och kommen. Ergo kann ech dat heiten dann an deem Sënn net matstëmmen. D'Taxen, Dir wësst, dass d'Taxen och vun de Gemenge festgeluecht ginn. Dat geet iwwer eis Kompetenz heibannen eraus. An duerfir géif ech menger Fraktioun proposéieren, déi heite Motioun net matzestëmmen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum. D'Madamm Cecchetti, wannechgelift.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, wéi Dir Iech virstelle kënn, kënnen mir déi Motioun hei och net matstëmmen, well mir si jo fir eng Steierreform. A wa mer eng Steierreform soen, dann ass et ganz kloer, datt déi eng dobäi wäerte gewannen an déi aner mussen eeben e bësse méi bezuelen, well se och vill méi verdéngen. Voilà.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, et deet mer leed, datt d'DP sech net an der Lag gesäit, dat hei ze stëmmen. Well wësst Der, wéi dacks héiere mer hei an eisen Diskussiounen: De Covid stoung net am Regierungsprogramm! Dat stëmmt, et konnt kee Mënsch dat virusgesinn. De Krich an der Ukrain stoung net am Regierungsprogramm. Dat ass richtig.

Mee ech mengen, wann een dat hëlt, dat Argument, fir verschidden desagreeabel Saachen ze justifiéieren, da muss een och kapabel si fir ze soen: „Majo, mir liewen elo an neien Emstänn a mir hunn eeben eng Situatioun am Land, wou d'Leit an d'Entreprisë scho finanziell belaauscht sinn a mir wëlle se net nach méi belaauchten. Also maache mer dee Gest a mir verzichten op all Erhéijungen, notament vun de Steieren.“

A wat d'Taxen ugeet, do steet vun de Gemengen hei näischt dran. Mir haten dat zwar hei ernimmt an eiser Ried fir ze soen: Mir maachen en Appell un d'Gemengen, datt si se och net sollen unhiewen. Awer natierlech solle mir hei als Chamber wéinst der Autonomie communale eis do enthalen an de Gemengen déi Autonomie loosser.

Mee et kann een nëmmen enttäuscht sinn iwwer eng Haltung vun der DP a vun der Regierungskoalitioun, déi an dës Schwéieren Zäite fir d'Leit nach higeet an d'Steieren erhéicht.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser.

Ech mengen, da kënnen mer elo zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 2 kommen.

**Vote sur la motion 2**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer de Vote par procuracion. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme, 35 Nee-Stëmme an 19 Abstentiounen ofgeleent ginn.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Jean-Marie Halsdorf), Léon Gloden (par M. Jean-Paul Schaaf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Max Hengel), Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter.*

**Motion 3**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3.

Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Gilles Baum.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | D'CSV hält sech selwer net eescht mat hire Propositionen zu de Steieren.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Ech hat elo gemengt, et hätt een anere sech viru mir gemellt fir d'Wuert. Hei gött eng exzeptionell Krisesteier gefuerdert, déi och nach soll retroaktiv sinn. Retroaktiv, dat ass eppes, domat kënne mir normalerweis net ganz vill ufänken. Dir wësst, dass mer jo net nëmme déi heite Kris haten, mir haten och déi Kris virdrun.

D'Maxim war ëmmer, dass ee grad a Krisenzäite keng zousätzlech Steiere soll erhiewen, weeder bei de Betriber nach bei de Privatleit. Et gött op Facebook, mengen ech, ënnert der Sait vun deene Lénksen – pardon, vun deene Lénken, entschëllegt de Lapsus, ...

*(Hilarité)*

... entschëllegt – et gött eng Campagne, wann ech richteg gelies hunn: „Tax the rich!“ Ass dat esou? Dat schéngt jo dann hei eranzegoen.

Ech géif menger Partei proposéieren, déi Motioun hei net ze stëmme, och nach aus engem anere Grond. Ech mengen, et soll een d'Finanzpolitik vun engem Land net Leit vum ganz lénke politesche Bord iwwerloossen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum. Da ginn ech d'Wuert un den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Och ech wäert menger Fraktioun proposéieren, déi

Motioun hei net matzedroen, mee e bëssen aus engem anere Grond. Ech mengen, mir haten hei eng grouss Debatt virum Summer, virum der Summer-vakanz, iwwert d'Steieren. Do huet meng Partei, a vill Parteien, och Är Partei, Madamm Cecchetti, konkreet Propose gemaach.

Mir hu Propose gemaach, wéi mer fir méi Solidaritéit suergen, fir méi Gerechtegkeet an der Steierland-schaft. Dozou gehéiert, dass déi, déi effektiv méi hunn, och méi mussen ofginn. Mee dozou gehéiert awer och, dass der ganz vill, déi net vill hunn, gestäipt ginn, notament déi Leit mat niddregem Akommes, awer och déi Leit aus der breeder Mëttschicht hei am Land.

An duerfir gesi mir dat als e Ganzt. A fir einfach just ze soen: „Mir besteieren elo déi Räich!“ ... Wéi eng Räich? Wie sinn déi „important“ Benefisser? Wie sinn déi „hauts revenus“? An esou weider. Dat fanne mir net richteg. Duerfir, mir gesinn dat als e Ganzt. A wa mer enzwousch Suen huele ginn, dann ass et och, fir fir méi Gerechtegkeet ze suergen, an da mussen déi Suen de facto och un déi Leit goen, déi et am néidegsten hunn.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. Da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech hu virdru gesot: D'Kaz am Sak. Ech géif mer zumeist iergendwou awer eng Zuel erwaarden, iwwert déi mer hei géife schwätzen. Well ech mengen, mir hunn an der Steierdebatt am Juli déi verschiddensten Zenarien héieren, wéi: Wat ass en „important bénéfice“? Wat ass en „haut revenu“? Ech mengen, dass mer alleguerten heibannen an eise jeeweilege politesche Gruppéierungen do aner Interpretatiounen hunn, ab wéini et en „haut revenu“ oder e „bénéfice important“ ass. Dat heescht, eleng domadder wäerte mer, mengen ech, schonn e Problem hunn.

An dat Zweet, dat ass einfach den zweeten Invite, fir nach op 2022 réckwierkend eppes ze maachen. Also, ech hunn iergendwann eng Kéier geléiert, dass, wann ee Gesetzter soll maachen, déi solle previsibel sinn, dass d'Leit sollen d'Chance hunn, sech och deene Gegebenheiten unzupassen. An ex post do eppes ze maachen halen ech fir e ganz geféierleche Prezedenzfall. An duerfir wäerte mir och dergéint stëmme.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement. Da geet d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti als Auteur.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, villmools merci fir d'Wuert. Als Alleréisch emol, mir hu kee Montant dragesat, mee ech hunn a menger Ried Montante genannt. Mir hu kee Montant dragesat, well da wier nämlech gesot ginn: Firwat da grad deen do Montant? Firwat net 10.000 Euro méi? Oder 10.000 Euro manner? Dofir hu mer nämlech kee Montant dran. Dat ass d'Erklärung.

Mee dat ass egal. Mir wousste jo souwisou, dass se net ugeholl géif ginn.

Déi zweet Saach ass: „pour l'année fiscale 2022 de manière rétroactive“. Ech mengen, d'Steiererklärung mécht een am Joer 2023. Dat ass eng Saach.

An déi aner Saach ass: De 14. September huet d'EU-Kommissioun eng Iwwerprofitsteuer, „windfall tax“, fir fossill Industrien op d'Bee gesat an déi wäerte mer och hei musse ratifizéieren an déi ass och retroaktiv. Dofir war hei och déi Iddi mat der Retroaktivitéit. Ech mengen, dat gött dann dee Prezedenzfall, wou Lëtzebuerg dat muss héchstwahrscheinlech ratifizéieren,

well dat op EU-Plang ass. Just leider wäerte mir vun där doter Steier net vill hunn, well mer keng fossill Industrien hei am Land hunn. Mee mir mussen et awer ëmsetzen.

An dat heite wär eeben eng Méiglechkeet gewiescht, als Krisesteier, wéi gesot, dass wier jo just fir zwee Joer gewiescht, oder vläicht just fir ee Joer. Et hätt een awer déi Sue gutt kënne gebrauchen.

Mee mir waren eis schonn am Virfeld driwwer kloer, dass se ofgeleent géif ginn. Mee mir probéieren et ëmmer, och als lénk Politiker versti mer zwar awer e Bëssen eppes dervun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti.

Ech mengen, da kënne mer elo iwwert d'Motioun Nummer 3 ofstëmme.

**Vote sur la motion 3**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuracion. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 3 ass bei 2 Jo-Stëmme a 56 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden (par M. Jean-Paul Schaaf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), M. Laurent Mosar, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Djuna Bernard), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

**Motion 4**

Da komme mer zur Motioun Nummer 4, déi vun de Piraten deposéiert ginn ass.

Wie wëllt nach d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Vläch nach eng Kéier ganz kuerz, firwat mer déi Motioun matbruecht hunn. Mir si mat deem Bréif konfrontéiert, deen 13 EU-Staaten un d'EU-Kommissärin Simson geschriwwen hunn, wou e „price cap“ um Gas gefuerdert gött. Virdrun am Zwëscheruff hunn ech héieren, dass Lëtzebuerg dat am COREPER de Moien ënnerstëtzt hätt. Ma da rennt déi Motioun hei an deem Sënn oppen Dieren an, fir net dat béist Wuert ze soen, wat d'Majoritéit hei ëmmer benotzt: „super-fetatoire“.

Et kéint ee jo dann emol eng Kéier soen: Ma wann am COREPER jo souwisou schonn dat ënnerstëtzt gouf, da



kann de Minister jo ouni Problem déi heite Motioun mathuelen an dat als Stäipe vu senger Positioun e Freiden am Energieconseil huelen. Well ech denken, datt et wichteg ass, datt deen Energiepräis-Cap kënnt an datt deen op europäischem Plang kënnt. A wann déi COREPER-Saachen ëffentlech wäeren, oder d'Chamber gebrieft géif ginn, wat d'Positioun vum Lëtzeburger Staat an deene verschiddenen europäesche Gremie wär, da wär et jo einfach, ...

(Interruptions)

... da wär et jo einfach, da misste mer keng Motiounen schreiwen, déi herno als superfetatoire ofgewaatscht ginn.

An dann dat Lescht, an dat ass vläicht déi grouss Fro, déi ech un de Minister awer hunn: Firwat huet en de Bréif net mat ënnerschriwwen, direkt fir unzefänken?

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Den Här Energieminister fillt sech ugeschwat, freet d'Wuert a kritt d'Wuert och direkt.

**M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | Villmools merci. Also, dee Bréif, deen ass relativ spët zirkuléiert. An et ass och esou, dass an deem Bréif selwer net kloer ass, wéi déi Länner, déi ënnerschriwwen hunn, et mam Bannemarché hunn.

Dat heescht, mir si fir e „price cap“ oder fir e „price corridor“. Mee als e Land, dat 100 % vu sengem Gas importéiert, ass et eis och wichteg, dass d'Grenzen opbleiwen. An dat war an deem dote Bréif net esou kloer. Dat ass duerno vun de Belsch an hirem Mail – si hunn e Mail geschéckt – scho méi nuancéiert ginn. Ech war gëschter dräimol mat der belscher Ministesch a Kontakt a mir hunn dat de Moien am COREPER ënnerstëtzt.

An dat, wat nieft deem dote Bréif méi wichteg ass: D'Europäesch Kommissioun ass och mat engem Non-Paper, mat engem neie Pabeier, ënnerwee, dee mer elo e Freideg wäerten och ënnert de Ministeren diskutéieren. Dat heescht, déi Diskussioun fir e „price cap“ oder e „price corridor“ – wat vläicht méi eng, loosst mer soen, flexibel Léisung wier, fir dat selwecht ze erreechen –, déi mécht hire Wee. An ech sinn do um Ball fir ze kucken, dass mer do eventuell schonn e Freiden eng Eenegung kréien.

Wa mer net e Freideg eng hunn, hunn ech och derfir gesuergt, dass an der IEA (ndlr: International Energy Agency) déi Fro diskutéiert gëtt, wou jo dann och Amerika, Norwegen, Japan, Korea setzen. Japan a Korea: wichteg och, well jo beim flëssegen Äerdgas Europa deen eenzele gréisste Marché ass, a wann ee Japan a Korea zesumme kuckt, sinn déi llicht méi grouss. Dat heescht, wann een esou eppes mécht, brauch een och en Accord mat Asien. An ech hunn derfir gesuergt, dass den 3. Oktober och bei der IEA iwwert déi dote Fro diskutéiert gëtt. Dat heescht, mir sinn um Ball a mir hoffen, dass mer e Freiden an där wichteger Diskussioun weiderkommen.

Duerfir, wéi gesot: Ech mengen, ech kann Ärem Wunsch do gären nokommen. Mir ware souwisou schonn esou ënnerwee.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Energieminister. An da ginn ech d'Wuert un de Premierminister.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, ech wollt just soen, dass ech immens frou sinn, dass den Här Turmes dee Bréif net ënnerschriwwen hat, well mer déi Garantien net haten. An depuis le départ ass et e Punkt, dass verschidde Mesuren, déi gutt esou kléngen, awer Repercussioune kéinten hu fir e Land wéi Lëtzebuerg, dat esou wéineg selwer produzéiert.

Duerfir ass fir eis en oppene Maart ganz, ganz wichteg, an allkéiers kucke mer, dass dat eng vun de

Konditiounen ass bei all Mesure, déi geholl gëtt, déi mer als Regierungspositioun zrëckbehal hunn.

Duerfir, dem Här Turmes ... gutt, souwisou consultéiere mir eis och, wa Saache mussen ënnerschriwwen ginn. An ech si ganz frou, dass déi Diskussiounen stattfonnt hunn an dass mer déi néideg Garantien kritt hunn, fir haut schonn am COREPER do kënnen d'Zoustëmmung ze ginn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Premierminister. Da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier zrëck un den Auteur, den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Also, no deenen zwou Erklärungen sinn ech méi perplex wéi virdrun. Am Ufank mam Zwëscheruff hat ech geduecht, d'Regierung géif dee Bréif hei ënnerstëtzen, wou kloer e „price cap“ drasteet. Elo gëtt scho vun engem Korridor geschwat. De Premier seet, datt een dee Bréif esou net ënnerstëtzt, well him d'Garantie feelen.

Also, ech stelle fest, datt, wann d'Majoritéit géint dat heite stëmmt, se géint dee Bréif ass a géint dat, wat déi 13 Länner, eis 13 Partner, doranner fuerderen.

(Brouhaha)

Mee dat kënnt Der maachen. Dat ass eng politesch Ausso, Här Premierminister.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mee da sot dat einfach, anstatt datt Der sot: „Mir maachen et!“, mee a Wierklechkeet macht Der et e Freiden dann awer net. Well de Conseil ass am Geheimen a mir gi souwisou net gewuer, wat do geschitt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zrëck un de Premierminister.

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, just wann Der erlaabt. Also, hei ginn et Proposen, ech hat virdru probéiert, mech ze bremse bei menger éischter Interventioun. Et ass mer zum Schluss net onbedéngt gelongen.

Mee hei gëtt probéiert ze soen, dass et egal ass, Haaptsaach, mir maache bei eppes mat, wou mer net déi néideg Garantien hunn, dass mer net op eng Kéier hei keng Energie méi kréien. Wann de Marché zou ass, dann hu mir e Problem vu Livraisounen. A gleeft mer et, dass déi Länner, déi ënnerschriwwen hunn, déi meescht vun deene selwer Produktiounen hunn!

Mir sinn tributär vu baussen. Dir wësst, dass mer 100 % vum Gas kréien, 100 % vum Pétrol, dee mer hunn, a vum Stroum 80 %. An dowéinst ass et eng verdammte Flicht vun eisem Energieministère, ze kucken, dass en zu Bréissel och d'Interête vu Lëtzebuerg verteidegt an net bei enger Initiativ derbäi ass, wou am Ufank deen éischte Punkt, dee fir eis wichteg ass – dass de Marché oppe bleift – net och garantéiert ass.

Elo, wou déi Garantie do ass, wou den Här Turmes zesumme mat de Kolléeg geschwat huet an et fäerdegbruecht huet, dass mer déi Garantie kritt hunn, dofir war de Moien am COREPER déi Ënnerstëtzung, an och e Freideg.

Mee ech akzeptéieren net, dass hei gesot gëtt: „Wann een dat doten net ënnerschreift ...“ Also, mir sinn awer hei net op deem Niveau ukomm!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Dowéinst, Här President, ech hunn Iech hei näischt ze soen. D'Chamber ass fräi, mee ech wier frou, wann een hei responsabel géif handeln an net just

probéieren, Schlagzeilen ze hunn, dass mer géint e Präis-Cap sinn. Mir si fir e Präis-Cap, awer mat Garantien, dass mer och Energie hei kréien.

Wat hu mer vun engem Präis-Cap, wa mer keng Energie méi kréien?

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Premierminister.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Mee dat kënnt dem Här Clement awer net an d'Zeitung.

**M. Fernand Etgen**, Président | Da komme mer elo zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 4.

**Vote sur la motion 4**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 22 Jo-Stëmmen, 33 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Martine Hansen), MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

## 7. Résolution de M. Claude Wiseler concernant l'appel aux autorités iraniennes à cesser la répression brutale des manifestations en Iran

Da géif ech nach d'Wuert ginn un den Här Claude Wiseler fir den Depot vun enger Motioun, iwwert déi mer, esou wéi ech d'Gefill hunn, direkt duerno nach kënnen ofstëmmen.

**Dépôt et exposé**

**M. Claude Wiseler** (CSV), auteur | Den Depot vun enger Resolutioun. Ech wollt dozou soen, datt et vill Verstéiss géint Mënscherechter op der Welt gëtt. A mir kënnen net zu all Verstouss heibanne Stellung huelen. Well esou Verstéiss och meeschtens a repressive Regimier geschéien, ass et ganz oft esou, datt an deene Länner, wou se geschéien, kee Widerstand géint déi Verstéiss géint Mënscherechter ass, well d'Leit Angscht hunn, well se net kënnen, well se net wëllen a well se ënnerdréckt ginn.

Dat ass awer haut am Iran anescht mat dem Doud vum Mahsa Amini, enger jonker Fra vun 22 Joer, déi



an de Prisong gestach ginn ass, well se hir Kleeder falsch unhat, an am Prisong gestuerwen ass. Dat huet am Iran massiv Manifestatiounen a Protester bruecht mat enger ganzer Rei Doudeger an enger enorm héijer Zuel vun Arrestatiounen. Arrestatiounen a Massakere géint Leit, déi fir e klengen Deel vu Fräiheet sech agesat hunn, déi fir e klengen Deel vu Gläichberechtigung op d'Strooss gaange sinn, ënner enorm grouse Geforen all Dag, déi géint d'Ennerdréckung vun der Fra, vun de Fraen am Allgemengen, sech agesat hunn, an dat och virun de Kamerae vun der Welt gewisen hu mat ganz vill Courage.

Dofir hu mer gemengt, datt mer sollten hei an der Chamber eis Solidaritéit ausdrécken der Famill vum Mahsa Amini, hire Frënn an all deenen, déi sech asetzen, fir géint déi Diskriminatiounen a géint déi Brutalitéit ze kämpfen.

Ech deposéieren eng Resolutioun, bei där ech wierklech frou sinn, datt alleguer d'Fraktiounen an alleguer d'Sensibilitéit se mat ënnerschriften hunn, well et ass e kloert an e wichtegt Zeechen, dat mer domat gemeinsam setzen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

### Résolution

*La Chambre des Députés,*

*réitérant*

– son attachement à la Déclaration universelle des droits de l'homme de 1948 qui proclame que « tous les êtres humains naissent libres et égaux en dignité et en droit » ;

– son attachement à la Charte des Nations Unies de 1945 proclamant l'égalité de droits des hommes et des femmes,

*considérant*

– que, selon l'ONG « Iran Human Rights », plus de 75 personnes ont été tuées en Iran lors de la contestation après la mort en détention de Madame Mahsa Amini ;

– l'arrestation de plus de 1.200 manifestants en Iran,

*soutenant*

– l'installation d'une enquête internationale dans l'affaire Amini,

*condamne avec force et fermeté*

– la mort en détention de Madame Mahsa Amini, citoyenne iranienne de 22 ans, après trois jours de coma suite à une arrestation par la police des mœurs iranienne le 13 septembre pour non-respect des lois discriminatoires sur le port obligatoire du voile en République islamique d'Iran ;

– les violations massives des droits de l'homme en Iran et à travers le monde,

*appelle*

– les autorités iraniennes à cesser la répression brutale des manifestations en Iran,

*proclame sa profonde solidarité*

– avec les familles et les amis des victimes en Iran ;

– avec les femmes et tout le peuple iranien ainsi qu'avec toutes les personnes discriminées ;

– avec les manifestants pacifiques en Iran, à travers le monde et au Luxembourg.

(s.) Claude Wiseler, Sven Clement, Yves Cruchten, Gusty Graas, Fernand Kartheiser, Josée Lorsché, Nathalie Oberweis.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Wiseler.

Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Resolutioun ergräifen? De Premierminister.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här Chamberspresident, ech wollt just der Chamber Merci soen, dass se dee Sujet hei och an der Chamber abordéiert. Ech wollt och just soen, dass ech am Numm vun der Regierung virun der UN-Generalversammlung d'lescht Woch eng Ried gehalen hunn, wou ech ee vun deene Rare sinn, deen iwwert deen dote Fall diskutéiert huet.

Ech muss Iech soen, et ass eng „police de la moralité“ – esou heescht déi –, déi Leit ëmbréngt. Ech si frou, wa mer als Lëtzebuerger, als Chamber souwéi als Exekutiv wierklech esou Comportementer condemnéieren. Et ass inakzeptabel!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

Wien ass d'accord, datt mer dës Resolutioun à main levée ofstëmmen?

### Vote sur la résolution

Wien d'accord ass mat dëser Resolutioun, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Resolutioun eestëmmeg ugehooll.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt den 11. Oktober fir déi nei Sessioun nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 18.41 heures.)

## Questions au Gouvernement

### Sommaire

| Objet                                                                  | N°   | Auteur                              | Page | Objet                                                | N°   | Auteur                           | Page |
|------------------------------------------------------------------------|------|-------------------------------------|------|------------------------------------------------------|------|----------------------------------|------|
| Chemin repris 348 entre Warken et Burden                               | 6420 | André Bauler                        | 63   | Source Bel-Val                                       | 6691 | Marc Spautz, Georges Mischo      | 69   |
| Rapport mondial de l'ONU sur les drogues                               | 6421 | Nancy Arendt épouse Kemp            | 63   | Centre de données à Bissen                           | 6692 | Laurent Mosar                    | 70   |
| Baisse de la consommation des produits biologiques                     | 6430 | Gusty Graas, André Bauler           | 63   | Protection des données sur TikTok                    | 6698 | Fernand Kartheiser               | 70   |
| Phénomène dit « Happy Slapping »                                       | 6534 | Fred Keup                           | 64   | Bâtiments scolaires avec maison relais intégrée      | 6700 | Jean-Paul Schaaf                 | 71   |
| Pénurie de bois de chauffage                                           | 6564 | Martine Hansen                      | 65   | Formation militaire des forces ukrainiennes          | 6704 | Fernand Kartheiser               | 71   |
| Station de tram Hamilius                                               | 6587 | Jeff Engelen                        | 65   | Déplacement forcé de mineurs ukrainiens              | 6708 | Gusty Graas                      | 72   |
| Problème de livraison de voitures électriques                          | 6610 | Fernand Kartheiser, Fred Keup       | 65   | Rémunération de collaborateurs externes              | 6712 | Mars Di Bartolomeo               | 72   |
| Concentration dans le secteur des bus au Luxembourg                    | 6624 | André Bauler                        | 65   | Bénévolat dans le cadre d'Esch2022                   | 6721 | Fred Keup                        | 72   |
| Transport fluvial                                                      | 6647 | André Bauler                        | 66   | Accidents en relation avec des poursuites policières | 6722 | Carlo Weber, Dan Biancalana      | 73   |
| Scission de la ligne RGTR 682                                          | 6651 | Jeff Engelen                        | 66   | Manifestations dans le cadre d'Esch2022              | 6723 | Fred Keup                        | 73   |
| Réglementation drone européenne                                        | 6656 | Fernand Kartheiser                  | 66   | Vente de terrains communaux aux fins de logements    | 6725 | Semiray Ahmedova, François Benoy | 73   |
| Placement d'urgence d'enfants à la Kannerklinik du CHL                 | 6658 | Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti | 67   | Cancer de la peau                                    | 6726 | Claude Lamberty, Carole Hartmann | 74   |
| Problèmes suite à l'introduction des nouveaux horaires des lignes RGTR | 6668 | André Bauler                        | 68   | Réserves en gaz naturel devant les côtes chypriotes  | 6727 | Gusty Graas, Max Hahn            | 74   |
| Terre arable                                                           | 6679 | Martine Hansen                      | 68   | Disparitions de mineurs                              | 6728 | Claude Lamberty, Carole Hartmann | 75   |





|                                                                                                                            |      |                                                                   |    |                                                                                                                                       |      |                                        |    |
|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|-------------------------------------------------------------------|----|---------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------|----------------------------------------|----|
| Droit à un congé parental                                                                                                  | 6730 | Léon Gloden,<br>Marc Spautz                                       | 75 | Impact de la crise actuelle sur l'activité des offices sociaux                                                                        | 6775 | Mars Di Bartolomeo                     | 88 |
| Modernisation des cérémonies civiles liées aux funérailles                                                                 | 6732 | François Benoy                                                    | 76 | Campagne de sensibilisation concernant la gestion des déchets                                                                         | 6776 | Jean-Paul Schaaf                       | 88 |
| Médicament anticancéreux Trodelvy                                                                                          | 6733 | Sven Clement                                                      | 76 | Installations photovoltaïques en milieu agricole                                                                                      | 6777 | Martine Hansen,<br>Paul Galles         | 88 |
| Personnel de Luxair                                                                                                        | 6734 | Marc Goergen                                                      | 77 | Funérailles de Mikhaïl Gorbatchev                                                                                                     | 6778 | Fernand Kartheiser                     | 89 |
| Bande de jeunes « Dix-sept »                                                                                               | 6735 | Marc Spautz,<br>Martine Hansen                                    | 77 | Factures de vétérinaire impayées                                                                                                      | 6784 | Gusty Graas                            | 89 |
| Concession en pharmacie                                                                                                    | 6737 | Gilles Baum,<br>Carole Hartmann,<br>Gusty Graas                   | 78 | Indemnisation des volontaires du CGDIS pour les permanences et les gardes                                                             | 6786 | Marc Goergen                           | 89 |
| Cancer du sein chez l'homme                                                                                                | 6738 | Gilles Baum,<br>Carole Hartmann,<br>Gusty Graas                   | 78 | Emprisonnement d'un enseignant en Irlande                                                                                             | 6787 | Fernand Kartheiser                     | 90 |
| Vaccin contre le zona                                                                                                      | 6739 | Gilles Baum,<br>Carole Hartmann,<br>Gusty Graas                   | 78 | Réfugiés ukrainiens                                                                                                                   | 6788 | Fernand Kartheiser                     | 90 |
| Agressions par une bande de jeunes au Luxembourg                                                                           | 6740 | Fred Keup                                                         | 79 | Réseau de « Postomat »                                                                                                                | 6790 | André Bauler                           | 90 |
| Arrêt de la Cour administrative dans le cadre de la loi concernant la protection de la nature et des ressources naturelles | 6741 | Jeff Engelen                                                      | 79 | Tarifs de rachat de l'électricité photovoltaïque                                                                                      | 6791 | Marc Lies                              | 90 |
| Parcs éoliens au Groenland                                                                                                 | 6742 | Gusty Graas,<br>Max Hahn                                          | 80 | Équipement de diagnostic à ultrasons des hôpitaux                                                                                     | 6792 | Sven Clement                           | 91 |
| Cours du gaz naturel                                                                                                       | 6743 | Marc Spautz                                                       | 80 | Incidents récents impliquant des fonctionnaires stagiaires du cadre policier                                                          | 6793 | Léon Gloden                            | 91 |
| Impact de l'augmentation du prix des carburants sur le transport public                                                    | 6744 | Marc Goergen                                                      | 80 | Plateforme informatique nationale de données énergétiques                                                                             | 6795 | Max Hahn                               | 91 |
| Hausse des taux d'intérêts                                                                                                 | 6746 | Mars Di Bartolomeo                                                | 81 | Augmentation de la subvention d'intérêt et de la bonification d'intérêt suite à l'augmentation du taux d'intérêt directeur par la BCE | 6798 | Marc Spautz,<br>Marc Lies              | 92 |
| Secours aux animaux domestiques en cas d'incendie                                                                          | 6751 | Claude Lamberty                                                   | 81 | Instructions pour la police dans le cas d'un « blackout »                                                                             | 6802 | Marc Goergen                           | 92 |
| Tarifs des huissiers de justice                                                                                            | 6753 | Marc Goergen                                                      | 81 | Comptes de réseaux sociaux de membres du Gouvernement                                                                                 | 6803 | Marc Goergen                           | 92 |
| Écroulement d'un tunnel ferroviaire entre Wilwerwiltz et Kautenbach                                                        | 6754 | André Bauler                                                      | 82 | Mesures dans le domaine de la biodiversité                                                                                            | 6805 | Martine Hansen                         | 93 |
| Ligne ferroviaire 10 (Luxembourg–Ettelbruck–Gouvy)                                                                         | 6755 | Martine Hansen,<br>Emile Eicher,<br>Aly Kaes,<br>Jean-Paul Schaaf | 82 | État des forêts                                                                                                                       | 6806 | Cécile Hemmen                          | 93 |
| Transparence de la gestion et des finances du Kierchefong                                                                  | 6756 | Josée Lorsché,<br>Marc Hansen                                     | 82 | Risque d'une guerre nucléaire                                                                                                         | 6808 | Fernand Kartheiser                     | 94 |
| Échange d'informations fiscales dans l'Union européenne                                                                    | 6757 | Josée Lorsché,<br>François Benoy                                  | 83 | Transport scolaire                                                                                                                    | 6809 | André Bauler                           | 94 |
| Pénurie d'enseignants dans l'enseignement fondamental                                                                      | 6760 | Martine Hansen                                                    | 84 | Accord bilatéral de solidarité sur le partage de gaz                                                                                  | 6810 | Laurent Mosar                          | 94 |
| Effondrement de morceaux de falaise entre Ehnen et Hëttermillen                                                            | 6761 | Max Hengel                                                        | 84 | Livres scolaires                                                                                                                      | 6812 | Fred Keup                              | 95 |
| Statistiques dans le cadre de la pension d'invalidité                                                                      | 6762 | Jeff Engelen                                                      | 85 | Projet pilote d'alphabétisation en français                                                                                           | 6813 | Fred Keup                              | 95 |
| Accessibilité des distributeurs d'argent                                                                                   | 6764 | Sven Clement                                                      | 85 | Lutte contre le moustique tigre                                                                                                       | 6814 | Claude Wiseler,<br>Martine Hansen      | 95 |
| Accessibilité des bâtiments aux personnes handicapées                                                                      | 6765 | Sven Clement                                                      | 85 | Rupture de stock de certains médicaments                                                                                              | 6815 | Jean-Marie Halsdorf,<br>Martine Hansen | 96 |
| Route du Nord                                                                                                              | 6766 | Aly Kaes,<br>Martine Hansen,<br>Emile Eicher,<br>Jean-Paul Schaaf | 86 | Réduction de l'utilisation de pesticides dans l'agriculture luxembourgeoise                                                           | 6816 | Myriam Cecchetti                       | 96 |
| Avortements « hors délais »                                                                                                | 6768 | Fernand Kartheiser                                                | 86 | Subventions pour bornes électriques                                                                                                   | 6818 | Marc Goergen                           | 97 |
| Taxe CO <sub>2</sub>                                                                                                       | 6769 | Marc Goergen                                                      | 86 | « Stress test » pour la sécurité de l'approvisionnement électrique                                                                    | 6820 | Martine Hansen,<br>Paul Galles         | 97 |
| Smart meter                                                                                                                | 6771 | Sven Clement                                                      | 87 | Accès aux postes de direction dans l'enseignement secondaire                                                                          | 6821 | Fred Keup                              | 97 |
| Lobbying dans le cadre de la vaccination contre la Covid-19                                                                | 6772 | Sven Clement                                                      | 87 | Heures supplémentaires dans l'enseignement secondaire                                                                                 | 6822 | Fred Keup                              | 97 |
| Exécution de cinq Palestiniens à Gaza                                                                                      | 6773 | Fernand Kartheiser                                                | 87 | Non-respect de la durée de travail maximale au Centre national de formation professionnelle continue                                  | 6823 | Fred Keup                              | 98 |
| Aide au développement en Inde                                                                                              | 6774 | Fred Keup                                                         | 88 | Utilisation de l'hexafluorure de soufre (SF <sub>6</sub> ) dans l'industrie électrique                                                | 6825 | Fred Keup                              | 98 |
|                                                                                                                            |      |                                                                   |    | Bénéficiaires des offices sociaux                                                                                                     | 6826 | Fred Keup                              | 98 |
|                                                                                                                            |      |                                                                   |    | Visite de travail dans les Territoires palestiniens occupés                                                                           | 6827 | Fernand Kartheiser                     | 99 |
|                                                                                                                            |      |                                                                   |    | Changement d'horaires des trains de la ligne 10                                                                                       | 6828 | Martine Hansen                         | 99 |

**Chemin repris 348 entre Warken et Burden** | Question 6420 (29/06/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Nieft dem Chemin repris 348 tëscht Waarken a Bierden, am Ausgang vu Waarken, wann ee Richtung Éislek fiert, läit een Terrain (kleng Wiss), op deem een nach eng frëier Strooss (ongeféier 100 Meter) entdecker kann, déi allerdéngs an engem ganz schlechten Zoustand ass.

Dësen ale Wee kéint awer nach duerchaus als Parksträife genotzt ginn, fir deene ville Leit, déi op de Plateau „Haardt“ spadséiere ginn, fir sech ze erhuelen, entgéintzekommen.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Gehéiert dësen Terrain dem Staat?
2. Wa jo, ass den Här Minister gewëllt, dësen Tronçon als Parksträifen ze notzen, fir de Spadséiergänger méi Sécherheet a Confort ze bidden?
3. Wann nee, goufen et awer eventuell Kontakter tëscht dem Staat an der Gemeng, fir hei eng gutt Léiung ze fannen?

**Réponse** (19/07/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Dëse vum honorabelen Deputéierte beschriwwenen Terrain an déi sech hei befand Strooss gehéieren net dem Staat. D'Wiss gehéiert enger Privatpersoun an déi ongeféier 100 Meter laang Strooss gehéiert der Gemeng Ettelbréck.

ad 2. Folgend dem Fait, datt dësen Terrain an och déi hei beschriwwen Strooss net dem Staat gehéieren, kann hei keng weider Aussoe betreffend dësen Iwwerleungen tätigen.

ad 3. Déi hei beschriwwen Problematik ass mir a menge Servicer net bekannt a bis dato gouf och nach kee Kontakt vun oder mat der Gemeng gesicht.

**Rapport mondial de l'ONU sur les drogues** | Question 6421 (29/06/2022) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV)

Aus dem rezenten Drogerapport vun der UNO geet ervir, datt de Konsum vu Cannabis weltwäit an d'Luucht geet, besonnesch ënnert de jonke Leit. D'Experte féieren dës Entwécklung zum Deel op d'Legaliséierung vum Cannabis a verschidde Länner zréck. D'Hausse beim Konsum féiert derzou, dass d'Santésariichtungen ëmmer méi belaaßt ginn, sou d'Experten. Zesumme mam reegelméissegem Konsum féiert virun allem déi méi staark Wierkung vum Haschisch a vum Marihuana zu ëmmer méi Suchterkrankungen, respektiv zu méi psycheschen Erkrankungen. Am Rapport steet och, datt an der Europäescher Unioun 30 % vun allen Drogentherapien op de Konsum vun Hanfprodukter zréckzuféiere sinn. An deem Kontext géif ech gär folgend Fro un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen.

– Wat fir Conclusiounen zitt d'Regierung virum Hantergrond vun der ugestriefter Legaliséierung vum Cannabis hei zu Lëtzebuerg aus dem UNO-Drogerapport?

**Réponse** (20/07/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

D'Regierung wëll de besteende Konsum vu Cannabis fir net medezinnesch Zwecker zu Lëtzebuerg reglementéieren. D'Haaptzil ass et fir erauszefannen, ob een d'Gesondheet vun de Mënschen, déi mat Cannabis a Kontakt kommen, besser mat dëser Reglementéierung schützen kann.

Am UNO-Rapport vun 2022 iwwert Droge kann ee liesen, dass d'Legaliséierung vu Cannabis d'Hausse vum Cannabiskonsum vu jonken Erwuessene kéint acceleréiert hunn, währenddem d'Prevalenz vum Konsum vu Cannabis bei méi Jonken éischter stabil bliwwen wier. Dee selwechte Rapport ënnersträicht dann awer och, dass et nach Joerzénge braucht, fir de reellen Impakt vun neie Reglementatiounen vu Cannabis valid kënnen ze evaluéieren.

D'Auteure vum Rapport consacréieren deemno zu Recht eng ganz Säit, fir déi Villzuel vun determinante Facteuren, méiglechen Tendenzen, Virbehalter an Erausforderungen a Saachen Impaktanalys opzezielen.

Als Beispill nennt de Rapport d'Tatsaach, dass a ville Staaten a Juridictiounen aus Nordamerika scho virun deene respektive Legaliséierung vu Cannabis eng tendenziell Hausse vum Cannabiskonsum existéiert huet.

Et ass deem selwechte Rapport ze enthuelen, dass och a villen US-Staten, déi net legaliséiert hunn, trotzdem de Konsum vu Cannabis iwwert déi selwecht Zäitspann eropgaangen ass. Déi selwecht Erkenntnisser maachen d'Auteure fir vill EU-Memberstaaten.

En anert wichtegt Element aus dem UNO-Rapport 2022 ass déi confirméiert Tendenz vun der Hausse vum THC-Gehalt a Cannabisprodukten, déi parallel zu enger Hausse vun de Behandlungsfroen oder Hospitalisatiounen weinst Cannabis ze beobachten ass. Déi Hausse vun der Duerchschnittskonzentratioun an de Maximalkonzentratiounen vun THC a Cannabisprodukte gëtt och quessch duerch d'EU an och zu Lëtzebuerg säit Jore constatéiert.

Dem UNO-Rapport no sinn an der EU mëttlerweile „30 % vun allen Drogentherapien op de Konsum vun Hanfprodukter zréckzuféieren“, also a Länner wou de Cannabis net legaliséiert ass.

Wann een zousätzlech d'Geforen, déi duerch potenziell geféierlech Streckmëttelen an d'Zoufuge vun zum Beispill nach gréisstendeels méi geféierleche synthetesch Cannabinoiden a Cannabisprodukten, déi um illegale Marché verdréiwte ginn, betruecht, da gëtt engem séier bewosst, dass den aktuell existéierenden an net kontrolléierbaren illegale Marché vun ëmmer méi verschiddeenen a méi geféierlechen Produkten, déi do circuléieren, onkalkuléierbar Riske fir de Konsument duerstelt, deen ëmmer manner Méiglechkeeten huet, fir iwwerhaapt ze wëssen, wat en da schlussendlech keeft a consumméiert.

An deem Sënn ass et wichteg, Tendenzen an nei wëssenschaftlech Erkenntnisser, déi an internationalen an nationalen Drogeberichter beschriwwen ginn, ze suivéieren, mee och op Basis vun den Evolutiounen, déi an deem Rapport beschriwwen oder confirméiert ginn, faktesbaséiert an encadréiert legal Reajustementen virzehuelen, fir dem wuessenden illegale Cannabisbimarché, deen op Maximisatioun vu Profit baséiert an dat ouni Récksiicht op déi wuessend Riske vir de Konsument, entgéintzewierken.

**Baisse de la consommation des produits biologiques** | Question 6430 (30/06/2022) de **M. Gusty Graas** | **M. André Bauler** (DP)

A Frankräich ass am Joer 2021 eng Baisse vum Konsum vu Bioliewensmëttel am Verglach zum Virjoer festgestallt ginn. D'lescht Joer louch de Gesamtwäert vun de verkaafte Bio-Liewensmëttel bei 12,66 Mrd. Euro, eng Baisse vun 1,4 % par rapport zu 2020. D'Entwécklung am Liewensmëttel-einzelhandel, wéi Supermarchéen a Biobutteker war änlech. De Gesamtverkauf vun de grouse Supermarchéen ass op

6,67 Mrd. Euro gefall, 3,9 % manner wéi d'Joer virunner.

Am Géigesaz huet d'Kultivéierung vu biologeschen Flächen a Frankräich 2021 2,78 Milliounen Hektar entsprach, eng Hausse vun 9,0 % am Verglach zu 2020.

Deementspreechend ass déi franséisch Associatioun fir Biolandwirtschaft FNAB besonnesch alarméiert a gesäit dës Entwécklung als „heftege Réckschlag“.

An deem Kader wollt mir dem Här Wirtschaftsminister an dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Sinn zu Lëtzebuerg änlech Tendenze wéi a Frankräich, wat de Verkauf vu Bioliewensmëttel ugeet, ze erkennen? Wéi huet sech de Gesamtwäert vun de verkaafte Bioliewensmëttel iwwer déi lescht zwee Joren zu Lëtzebuerg entwéckelt?

2. Falls et och zu Lëtzebuerg zu engem Réckgang vum Verkauf vu Bioliewensmëttel komm ass, wat sinn d'Ursaache fir dës Réckgang?

3. Sinn d'Präisser vu Bioliewensmëttel am Einzelhandel tendenziell méi oder manner vun der aktueller Präisdeierecht betraff wéi déi konventionell Produiten?

4. Wéi gesäit et mat de Produktiounskäschten aus? Si Biobauere méi oder manner vun der aktueller Präisdeierecht betraff?

5. Kann ee schlussfolgern, datt de Marché vu Bioproduite saturéiert ass, oder mengen d'Häre Ministeren, datt d'Demande no Bioproduiten an Zukunft weider steige wäert?

6. Här Landwirtschaftsminister, wat ass am nächsten Agrargesetz virgesinn, fir den Iwwergang op d'Biolandwirtschaft besser ze féieren?

**Réponse** (05/10/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. bis 3. All Joer sammelt de Statec iwwer seng permanent Ëmfro zum Haushaltsbudget (enquête permanente sur le budget des ménages – EBM<sup>1</sup>) d'Zomm vun den Ausgabe fir Liewensmëttel vun de Lëtzebuerger Stéit, och de Montant vun den Ausgabe fir Bioliewensmëttel gëtt esou erhuewen. D'Donnéeën, op déi de Statec sech fir d'Aschätzungen heider beroff, bezéien sech just bis op d'Joer 2021, et sinn nach keng méi rezent Donnéeën verfügbar, well d'Ëmfro zum Haushaltsbudget 2022 nach amgaangen ass, déi Resultater wäerten net virum Fréijoer 2023 kënnen publizéiert ginn.

An der Publikatioun „Regards“ N. 12 vun 2020<sup>2</sup> war duergestallt ginn, dass den duerchschnittleche Bio-Undeel vun den Ausgabe fir Liewensmëttel vun de Lëtzebuerger Stéit am Joer 2018 12 % war, woubäi et weesentlech Ënnerscheeder gëtt ofhängeg vun der Aart vu Produkt oder dem Akommes vum Stot. Déi beléiftste Bioproduite bei de Konsumente si Liewensmëttel fir Bëbeeën, Hunneg, Eeër, Miel a Kären, Mëllech an Uebst a Geméis.

Méi rezent Donnéeën vun der EBM weisen, datt dësen Trend iwwert d'Zäit zimmlech stabil bliwwen ass: Et waren 12 % am Joer 2019 an 11 % am Joer 2021. Fir 2021 ass also just eng ganz licht Baisse vum Undeel vun den Ausgabe fir Bioliewensmëttel festgestallt ginn. Och d'Variatiounen jee no Produktkategorie an Akommes vum Stot si stabil bliwwen.

<sup>1</sup> <https://statistiques.public.lu/fr/enquetes/enquetes-particuliers/budget-menages-conditions-vie.html>

<sup>2</sup> <https://statistiques.public.lu/dam-assets/catalogue-publications/regards/2020/regards-12-20.pdf>



ad 4. D'Biobauere si vun der aktueller Präisdeierecht änlech betraff wéi déi konventionell Betriber, d'Produktionsmëttel wéi Fudder, Mazout, etc. si fir all d'Betriber an d'Luucht gaangen.

ad 5. Op laang Siicht wäerten sech déi Liewensmëttel um Maart duerchsetzen, déi een nohaltegen Impakt hunn. D'Bioproduite sinn do gutt opgestallt.

ad 6. Am Kader vum neien Agrargesetz gi Mesuren aus dem aktuelle Plan d'action national, kuerz PAN-Bio weidergefouert. Des Weideren ass virgesinn, datt d'Ställ fir Investitiounsbäihëllefen nëmmen dann eligibel sinn, wann se d'Norme vun der Biolandwirtschaft erfëllen. Domadder soll fir den eenzele Betrib d'Decisioun, fir op Biolandwirtschaft ëmzeklappen, vereinfacht ginn.

### Phénomène dit « Happy Slapping » | Question 6534 (22/07/2022) de M. Fred Keup (ADR)

D'Kriminalitéit huet an deene leschten 20 Joer zu Lëtzebuerg staark zougeholl. Bei der Unzuel vun Iwwerfäll läit Lëtzebuerg vir bäi am Spëtzelopeloton vun alle Länner an Europa. Allerdéngs gëtt nëmme wéineg vun den Autoritéiten no bausse kommunizéiert, an d'Transparenz gëtt verhënnert. Sou gouf beispillsweis op meng parlamentaresch Fro Nr. 5457, déi sech mat deem Sujet beschäftegt hat, geäntwert: „D'Police féiert keng Statistiken iwwer d'Zuel vu Fäiten, déi kommunizéiert respektiv net kommunizéiert ginn. Déi absolutt Zuelen zu den Strofdote ginn integral an der järelecher Kriminalitéitsstatistik vun der Police verëffentlecht.“

Mat de rezenten Atrocitéiten am Zesummenhank mat der Täterband, déi sech selwer „17“ beziungsweis „1Block7“ beziungsweis „17 Antisistema“ nennt, gouf een neien trauregen Déifpunkt an dëser Entwécklung erreicht. Och wat de Manktem un Transparenz säitens den Autoritéiten ugeet. Sou heescht et am Artikel „Die Omertà der Opfer“ („Luxemburger Wort“ vum 22. Juli 2022): „Konkrete Zahlen zu festgestellten Taten will aus ermittlungstechnischen Gründen auch hinter vorgehaltener Hand niemand nennen.“

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister:

1. Kann d'Regierung am Zesummenhank mat der genannten „Happy Slapping“-Tätergrupp konkret Zuelen nennen, wat d'Affer an d'Täter ugeet? Vu wéi enger Donkelziffer geet d'Regierung aus?

2. Si schonn verschidden Täter vun deene genannten Gruppen identifizéiert? Wa jo, wéi vill? Wat weess een iwwer dës Persounen (Alter, Geschlecht, Nationalitéit asw.)?

3. Ass scho gewosst, wat mat dësen Täter geschéie wäert beziungsweis wou se hikommen? Wann net, feelt et den zoustännegen Instanzen u Kapazitéite beziungsweis un deenen néidegen Infrastrukturen, fir dës Täter onschiedlech ze maachen?

4. Gëtt et säitens der Regierung ee konkrete Plang, wéi d'Gesellschaft, a besonnesch eis Kanner, virun esou Verbriecher geschützt solle ginn?

**Réponse** (26/09/2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. bis 3. Vu dass et sech bei dëse Fäiten ëm eng lafend Affär handelt, spillt de „secret de l'instruction“. Deemo decidéiert alleng de Ministère public iwwer d'Opportunitéit, fir doriwwer öffentlech ze kommunizéieren.

ad 4. All Bierger, deen Affer vun enger Strofdot ass oder berechtegt Hiweiser huet, dass en et kéint ginn, kann a soll sech un d'Police adresséieren. Heifir bitt d'Police och op hirer Internetsäit ënnert de Rubricen „prévention“ an „aide aux victimes“ an dräi Sproochen (FR/EN/DE) Preventiounsmoossnamen a Verhalensmesuren un.

Onofhängeg dovunner huet d'Police och d'Obligation, fir d'Erhale vun der öffentlecher Uerdnung an d'Sécherheet vum Bierger ze suergen. Dowéinst analyséiert d'Police kontinuierlech all Virfäll um nationalen Territoire, fir séier adaptéiert Mesuren zum Schutz vun de Bierger an Institutiounen kënnen ze ergreifen.

D'Preventiounsservicer vun der Police bidden ausserdeem Coursen am Beräich Gewaltpreventioun un. Hei gi vill Theemen ugeschwat, wéi Mobbing, Cybermobbing, kierperlech a psychesch Gewalt, a wéi een sech ka verhalten, wann ee mat där Problematik konfrontéiert gëtt. Dës Coursë ginn op Demande vun de Schoule souwuel am Fondamental wéi och am Seconnaire ugebueden, dat am ganze Land.

Bei de Jugendhaiser ass d'Police Partner, fir sougenannt „guides d'intervention“ auszeschaffen. Dës Guidë rensignéieren doriwwer, wéi een a bestëmmte Fäll muss reagéieren (z. B. fir Educateuren, wéi si musse reagéieren, wa bei engem Jugendlechen de Verdacht besteet, dass en illegal Substanzen hält oder bei sech huet, wie muss an deem Fall a Kenntnis gesat ginn etc.). Esou e Guide kann och am Beräich Gewalt opgestallt ginn.

A verschiddene Stied schafft d'Police och mat „street worker“ zesummen.

D'Police ass och disponibel, fir Coursen am Beräich Gewaltpreventioun grad ewéi Drogepreventioun an der Grondausbildung vum Léierpersonal unzibidden, fir dem Schoulpersonal d'Rechter an d'Flichten an där Thematik méi no ze bréngen. Et géif dorëms goen, fir datt d'Léierpersonal eng Grondkenntnis kritt an dann och scho preventiv villem virgräife kann a Kanner op dës Theeme preparéiere kann.

D'Police mécht och reegelméisseg am ganze Land souwuel zu Fouss wéi mam gezeechenten Auto Patrouille bei de Schoulen a Lycéeën, fir Presenz ze markéieren. Dës ass eng vun deene ville Missiounen, déi déi respektiv Policeunitéiten am Kader vun hiren alldiegleche virgeschriwwenen Aufgaben ze erfëllen hunn.

Zousätzlech zu den Interventiounen vun der Police setzt sech de Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse mat sengen Administratiounen fir d'Sécherheet vu Jonken an der Schoul an och ausserhalb vun der Schoul an. Souwuel um Niveau vun de (potenziellen) Victimme wéi vu (potenziellen) Auteurs, deenen hir Dote bal ëmmer op eng Détresse psychosociale zeréckzeféiere sinn, bidden de CEPAS, den SNJ, de SCRIPT an den ONE souwuel individuell Hëllef wéi och allgemeng Sensibilisatiounscampagnen un.

Den ONE assuréiert d'Prise en charge vu Kanner, Jugendlechen a jonk Erwuessener bis 27 Joer, egal ob se als Täter oder als Affer an engem Dossier optauchen. Si erhalen eng individuell Hëllef, déi op hir Besoinen an dat, wat si erlieft hunn, ageet. Den ONE ass souwuel a senger regionalen Antenne wéi iwwert eng telefonesch Helpline erreechbar.

Nieft der Police bitt och d'Initiativ BEE SECURE zënter 2010 Sensibilisatioun an Informatioun iwwert e sécheren a responsablen Ëmgang mat Medien an Technologie fir Kanner, Jonker an hiert Ëmfeld (Elteren, Grousselteren, Educateuren an Enseignanten) un.

D'Aktiounen vu BEE SECURE berouen op dräi Pilieren:

– Sensibilisatioun: Systematesch Formatiounen fir Kanner a Jonker, déi dat kritescht Denken iwwer Praktiken an Inhalter am Netz férdere, ënner anerem „hate speech“ an aner Formen vu Gewalt, déi online am Ëmlaf sinn. Den Haaptmessage, deen an deem Zesummenhang diffuséiert gëtt, ass dee vun respektvollen Ëmgang mat aneren, sief et online oder offline. Och de Phänomeen „Happy Slapping“ gëtt bei dësen a weidere Sensibiliséierungsaktiounen thematiséiert.

– D'Signalement vun illegalen Inhalter: Iwwert d'„BEE SECURE-Stopline“ kann all Bierger op eng anonym Aart a Weis illegal Inhalter (z. B. den Oupriff zu Gewalt an Haass) mellen.

– Berodung: D'„BEE SECURE-Helpline“ ass e Kontaktpunkt fir all déi Leit, déi wëllen anonym a vertraulech Hëllef a Berodung kréien, dës a Bezuch op Theeme ronderëm d'Sécherheet am Internet. Dorënner falen och Sujeten ewéi Haass a Gewalt um Internet.

Zousätzlech ass 2021 den neie Projet „S-Team: Setz dech an!“ vu BEE SECURE lancéiert ginn, un deem schonn 30 Arichtungen deelhuele. Dëse Projet, deen an Zesummenaarbecht mam SNJ, dem SCRIPT an dem CEPAS an de Schoulen a Maison-relais emgesat gëtt, dréit derzou bäi, Kanner a Jonker ze stäerken a sech fir e gewaltfräit Ëmfeld anzusetzen. Si ginn encouragéiert, an der Schoul oder Maison relais Aktivitéiten ze plangen an ëmzesetzen, déi sech géint Gewalt a fir e komeerodschaftlecht Mateneen ausschwätzen.

Nieft den Interventiounen vu BEE SECURE férdert och de CEPAS Gewaltpreventioun an de Lycéeën. Dat psycho-sozio-educatiivt Personal aus de Lycéeën, konkret de SePAS an den SSE, ass e wichtegen Acteur, fir ze hëllefen, zu engem positive Schouklime bäize droen an déi Jonk ze ënnerstëtzen am Ëmgang mat Aggressivitéit a Gewalt, sief et déi Jonk, déi Gewalt ausüben, oder och déi Jonk, déi Gewalt vun aneren erdroe mussen. Heibäi gëtt eng „whole school“-Approche benotzt, déi op der kollektiver Verantwortung vun der ganzer Schoulcommunitéit berout, fir d'Gewalt an d'Belästegung preventiv anzegrenzen an se dann en charge ze huelen, wann et zu engem Gewaltausbroch oder enger Belästegung kënnert. Prezis Prozeduren, wéi am Lycée mat Gewalt a Belästegung ëmgaang gëtt a wéi se erméiglechen, Affer an Zeie vu Gewalt a Belästegung ze ënnerstëtzen an ze begleeten, wäerten am Hierscht 2022 op eng transparent Aart a Weis alle Bedeelegte kommuniquéiert ginn an esou zu engem bessere Verständnis vun der Prise en charge bäidroen, an där de SePAS als éischt Ulafstell eng zentral Roll spillt.

Och en neie gesetzleche Kader dréit zur Bewältigung vu Phänomeener wéi „Happy Slapping“ bäi. Ufank des Jores huet d'Regierung dräi Projets de loi deposéiert, déi zesummen d'Jugendschutzgesetz vun 1992 ersetze sollen. D'Gesetzesprojete 7991 a 7994 féieren eng kloer Trennung zwëschen Schutz- a Strofrecht an. Auteurs vun Infraktiounen ginn an Zukunft kloer fir hir Dote responsabiliséiert, kënnen awer och weiderhin op Hëllef am Kader vum neie Jugendschutzgesetz zeréckgräifen, wat hinnen hëlleft, déi Problemer ze bewältigen, déi d'Ursaach vun hirem gesetzverbiechende Verhalen sinn. De Projet de loi 7994 leet weiderhin e grouse Fokus op Preventioun a féiert sougenannt „mesures préventives“ an, wat zum Zil huet, d'Offer am Beräich Preventioun weider auszebauen. Zousätzlech sollen d'Schutzmoossnamen fir Mannerjäreger, déi Affer oder Zeie vun enger Strofdot gi sinn, duerch de Gesetzesprojet 7992 verstärkt ginn. An deem si verschidde geriichtlech Schutzmesurë virgesinn, déi als Zil hunn, d'Sécherheet vum Mannerjäreger ze garantéieren an e virun eventuelle

Repressalie wéinst senger Ausso ze schützen. Zum Beispill solle verschidde perséinlech Informatiounen vum Mannerjärege, ënner anerem seng Adress, aus dem penalen Dossier kënnen ausgeléist ginn.

**Pénurie de bois de chauffage** | Question 6564 (28/07/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Den Ausbau vum den erneierbaren Energien ass essenziell, fir dass ons d'Energietransitioun geléngt, souwéi dass mir méi onofhängeg vun de fossilen Energie ginn. Leider kënnen awer vill eeler Haiser net mat enger Wärmepompe ausgestatt ginn, soudass Holz als eenzeg alternative Brennstoff zu Mazout a Gas a Fro kënnt. Laut dem Artikel „Angst vor Engpässen“ aus dem „Luxemburger Wort“ (28. Juli 2022) besteet eng Gefor vu méiglechen Enkpäss beim Holz, vu dass d'Nofro no Brennholz, Pellets an Holzschnitzel héich, a gläichzäiteg awer net genuch eenheemescht Holz um Marché ass.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'd'Madamm Ëmweltministesch an den Här Energieminister stellen:

1. Kënnen d'Ministeren dës Informatiounen bestätegen?
2. Wëllen d'Ministeren an Zukunft op den Import vu Brennholz setzen, fir der Demande gerecht ze ginn? Oder gëtt et Léisungen, fir d'Ugebot zu Lëtzebuerg ze erhéijen? Gëtt eng vun deenen zwou Léisungen preferéiert? Wa jo, wéi eng a firwat?
3. Wéi wäit gëtt hautzudaags schonn de Bedarf vu Pellets an Holzschnitzel vun eenheemeschem Holz gedeckt?

**Réponse** (26/09/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministère de l'Énergie | **Mme Joëlle Welfring**, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Opgrond vun der Präishausse bei de fossilen Energieträger an dem Krich an der Ukrain ass d'Nofro fir Holzbrennstoffen an de leschte Méint an d'Luucht gaangen. Laut Informatiounen vun Acteuren aus dem Secteur kann et jee no Energieholzsegment zu temporären Enkpäss kommen. Zousätzlech ass ze erwänen, datt net all Wunnhaiser géeegeent sinn, fir eng Wärmepompe anzubauen, virun allem an ale Gebaier.

ad 2. Am Joer 2021 goufe laut Statec 91.406 m<sup>3</sup> Holzbrennstoffen (Brennholz, Pellets an Hackschnitzel) importéiert. Dës Brennstoffen goufen zum gréissten Deel aus eiser Groussregioun importéiert. Aus energieatescher an ekologescher Siicht ass et net sënnavoll, Energieholz iwwer laang Distanzen ze importéieren. Zu Lëtzebuerg gëtt an der Zukunft d'Kaskadennotzung ausgebaut, dat heescht, dass d'Beschholz net direkt energieatesch genotzt gëtt, mee dass d'Holz, wat vun der Qualitéit hier an enger éischter Notzung fir ee méi héichwäertegen Zweck genotzt ka ginn, do agesat gëtt, an da spéider eréischt um Enn vun der Kaskadennotzung der energieatescher Verwäertung zougefuert gëtt.

ad 3. 2021 si laut dem Statec 123.191 m<sup>3</sup> Pellets zu Lëtzebuerg produzéiert ginn, wouvu 47.258 m<sup>3</sup> exportéiert gi sinn. Zousätzlech goufen 21.307 m<sup>3</sup> aus Däitschland, Frankräich an aus der Belsch importéiert. Déi national Hackschnitzelproduktioun louch 2021 laut dem Statec bei 768.948 m<sup>3</sup>, wouvu 47.259 m<sup>3</sup> exportéiert gi sinn. Den Import vun Hackschnitzel louch bei 60.964 m<sup>3</sup>. Dem Statec léie keng Donnéeën iwwer d'Origine vum Holz fir d'Pellets- an Hackschnitzelproduktioun vir.

Laut enger Ëmfro vun der ANF louch 2020 bei sämtlechen Gemengen de Bedarf un Holz fir an déi zirka

52 Hackschnitzelheizungen bei 25.000 Festmeter. An den nächsten zwee Méint ass eng nei Ëmfro bei der Gemenge geplangt. Do gëtt dann och nogefrot, ob d'Holz aus dem eegene Gemengebësch kënnt oder zoukafft gëtt.

**Station de tram Hamilius** | Question 6587 (01/08/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

Den Tramshalt Hamilius schaaft eng geféierlech Verkéierssituatioun, déi besonnesch Foussgänger betrëfft. De vill befuerene Busquai mécht et néideg, datt esouwuel Bussen aus der Montereysavenue wéi och vum Boulevard Royal iwwert d'Tramsschinn fuere an hei och de Wee vu Foussgänger kräizen. Fir Stauen an eng Behënnerung vum Tram ze verhënneren, muss dës Busverkéier relativ schéitzeg vir sech goen. D'Foussgänger hunn awer Prioritéit, fir iwwert de Buswee op den Tramshalt ze goen. Och hire Wee iwwert d'Tramsschinnen ass net mat Verkéierszeeche gereegelt.

Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Verkéiersminister:

1. Ass et op dëser geféierlecher Plaz schonn zu Tëschefäll oder liichten Accidenter komm?
2. Gëtt un enger Léisung geschafft, déi zefriddstellend dat héicht Opkommen u Foussgänger, Bussen an Trammen op dëser Plaz reegele kann?
3. Firwat ass net hei vun der fréierer Aldrénger Plaz en Deel vun der Tunnelinfrastruktur bäibehale ginn, fir d'Foussgänger ënnerierdesch iwwert de Boulevard Royal ze brénge mat entsprechemdem Accès fir déi zwee Tramsquaien?
4. Wäer eng Iwwerféierung, wéi et si um Kierchbiereg gëtt, eng Solutioun, fir d'Foussgänger aus dëser Geforenzon ze huelen?

**Réponse** (26/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministère de la Mobilité et des Travaux publics

Mat senger parlamentarescher Ufro wëllt den Deputéiert Jeff Engelen sech iwwert den Tramshalt um Hamilius informéieren.

Den Arrêt Hamilius ass déi meescht benotzte Statioun vum Tram nach virun der Gare centrale. Mir hu säit Dezember 2020 um Hamilius ee liichten Accident mat engem Passant ze verzechnen. Zousätzlech sinn och um Hamilius déi enregistriert geféierlech Situatiounen méi niddreg wéi beispillsweis op der Gare.

D'Signalisatioun an d'Verkéiersreegelen inneruerts sinn eng Gemengekompetenz a goufen dofir an enger Ofstëmmung mat der Stad Lëtzebuerg decidéiert. Och d'Féierung vun de Foussgänger ass eng Gemengekompetenz.

Déi aktuell Léisung ass konform zu de Richtlinnen ausgefuert ginn. Et gëtt am Moment keng Bestriewungen, eppes ze änneren; d'Tunnelinfrastrukture si mëttlerweil duerch d'Parkrampe vum Parking « Royal-Hamilius » beluecht an d'Foussgänger erëm un der Dagesluucht.

Eng Léisung mat Foussgängertunnelen oder Passerellen entsprechen net menge Virstellungen vun engem moderne Stadbild a sinn net féerderlech fir eng inklusiv an accessibel Stad.

**Problème de livraison de voitures électriques** | Question 6610 (04/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** | **M. Fred Keup** (ADR)

Am Artikel „Elektroautos bald wieder Rarität? Wichtige Rohstoffe werden knapp“, deen den 21. Dezember

2021 um Site vun „Auto24“ publizéiert an den 1. Juli aktualiséiert gouf, heescht et, datt et an den nächste Joren nees zu Liwwerschwieregkeeten bei Elektroautoen kéint kommen, well wichteg Rohstoffe, notament sielen Äerde kënnen knapp ginn, déi am Ablack iwwerwiegend an der Volleksrepublik China ofgebaut ginn.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gären dës Froen stellen:

1. Sinn der Regierung déi beschriwwen potenziell Knappheeten bekannt?
2. Kann d'Regierung matdeelen, wéi si am Beräich vun der Elektromobilitéit zukünfteg eng national politesch an ekonomesch Ofhängegkeet vun eenzele grouse Staate verhënnere wëll?

**Réponse** (03/10/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministère de l'Économie | **M. François Bausch**, Ministère de la Mobilité et des Travaux publics

D'Regierung suivéiert souwuel de geopolitesche Kontext wéi och d'Situatioun vun de Liwwerketten. Den nationalen Handlungsspillraum, fir d'Offer an d'Zouliwwerung vun Elektromobilitéitsléisungen ze beaflossen, ass limitéiert, dofir ënnerstëtzt d'Regierung op europäeschem Niveau eng ganz Rei Efforten an deem Beräich.

D'Europäesch Kommissioun ass sech der strateegescher Wichtigkeet vun enger europäescher Batterieversuergungskette bewosst an huet – encouragéiert vun de Memberstaaten – d'European Battery Alliance am Oktober 2017 lancéiert. Dat gemeinsaamt Zil ass, eng staark a kompetitiv europäesch Batterienindustrie opzebauen, andeems innovativ Projeten ënnerstëtzt ginn, déi vu Biergbau bis Recycling reechen.

D'EU wëll och kritesch Batteriematerialien an der europäescher Wäertschöpfungskette schützen, soudatt déi Materialien disponibel si fir déi zukünfteg Elektroautoen an och fir aner Produkter. Dës ass am europäesche „Strategic Action Plan on Batteries“ am Joer 2018 duergeluecht ginn.

D'Kommissioun schafft dofir och mat der Revisioun vun der Veruendrung vun 2006 iwwert Batterien an Offallbatterien op méi strikte Batteriereglements, fir de ganze Liewenszyklus vun de Batterien ze encadréieren, et gëtt erwaart, dass déi nei Reegelen an de Joren 2022 bis 2023 a Kraaft trieden.

Ënnert anere Moosnamen gesäit déi nei Reegelung vir, obligatoresch Viraussetzungen fir Nohaltegkeet festzeleeën (wéi Reegelen zum Carbon Footprint, zum Minimum u recycéléiertem Inhalt, a Leeschtungsan Haltbarkeetskriterien), d'Afféierung vun engem „Batteriepass“ (fir d'Tracabilitéit ze garantéieren) an Ufuerderungen fir d'Enn vum Liewenszyklus vun de Batterien. Et ass och virgesinn, Verflechtungen anzeféieren fir déi wirtschaftlech Acteuren, déi d'Rostoffer besuergen.

D'Kommissioun iwwerschaaft och de Moment d'Direktiv zu den alen Autoen. Eng legislativ Proposition dozou soll nach 2022 virgestallt ginn, d'Direktiv soll ugepasst ginn, fir bei den alen Autoen en héijen Niveau vu Recycling an Neiverwäertung vu wäertvolle Materialien ze erméiglechen an ze garantéieren.

**Concentration dans le secteur des bus au Luxembourg** | Question 6624 (08/08/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Le marché luxembourgeois des transports en autobus et en autocars se distingue à l'heure qu'il est par différents mouvements de rapprochement et de coopération, voire des fusions. La dernière opération de fusion a en effet eu lieu le 1<sup>er</sup> juillet dernier si bien que le



secteur du transport de personnes se caractérise actuellement par plusieurs poids lourds.

Parmi les raisons de ces opérations de fusion l'on cite souvent des problèmes de succession au sein des familles fondatrices de telles sociétés ou encore la nécessité de disposer d'une taille minimale optimale (TMO) afin de réduire les coûts d'exploitation.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie :

– Monsieur le Ministre peut-il retracer l'évolution du nombre de sociétés d'autobus et d'autocars depuis 2012 tout en tenant compte de l'évolution des matériels et des personnels y engagés ?

– Monsieur le Ministre peut-il évoquer les causes qui expliquent ces opérations de coopération, voire de fusion ?

– Vu la réduction progressive du nombre de sociétés de transport de personnes, est-il dès lors justifié de parler d'un net mouvement de concentration horizontale sur le marché domestique ?

– Dans l'affirmative, le Conseil de la concurrence suit-il régulièrement ces mouvements afin d'éviter que ne se forme une structure oligopolistique qui influe sur la formation des prix ?

**Réponse** (13/10/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

L'honorable Député souhaite s'informer sur l'évolution du marché luxembourgeois des transports en autobus et autocars et des mouvements de rapprochement et de coopération, voire de fusions de sociétés.

Pour ce qui relève du domaine du transport public par autobus, il y a eu plusieurs coopérations et fusions de sociétés au cours des dernières années. Même si de telles opérations ont eu lieu en juillet dernier ou ne sont visibles que depuis lors, cela constitue plutôt une formalisation administrative puisque certaines sociétés étaient déjà gérées au sein d'un même groupe depuis plusieurs années.

Le département de la mobilité et des transports ne détient pas de statistiques sur l'évolution du nombre de sociétés d'autobus et d'autocars depuis 2012, y compris de l'évolution du matériel roulant et du personnel y engagé.

Un « mouvement net de concentration horizontale » n'est pas un cas de figure répertorié en droit de la concurrence. Il est toutefois établi qu'en cas de fusion ou d'acquisition d'entreprises et en l'absence de nouveaux entrants sur le marché en cause, une augmentation de la concentration a lieu sur un marché concerné.

Le Conseil de la concurrence, muni des prérogatives dont il dispose et en l'absence d'un contrôle des concentrations à l'heure actuelle, peut seulement sanctionner tout abus de position dominante établi. Le Conseil de la concurrence est attentif aux évolutions dans le secteur des autobus et autocars, ayant par ailleurs déjà rendu une décision en 2017 dans l'affaire Transport Union Lëtzebuerg (<https://concurrency.public.lu/fr/publications/communiqués/TUL.html>).

Afin de mieux encadrer les phénomènes de concentration et d'éviter la survenance de structures potentiellement anticoncurrentielles, le Ministère de l'Économie travaille actuellement sur la mise en place d'un système national de contrôle des concentrations. Le bilan intermédiaire de ces travaux et du processus de consultation mené a été publié en juillet de cette année ([https://gouvernement.lu/fr/actualités/toutes\\_actualités/](https://gouvernement.lu/fr/actualités/toutes_actualités/)

communiqués/2022/07-juillet/13-contrôleconcentrations-entreprises.html) et il est actuellement prévu de soumettre un projet de loi relatif à la mise en place d'un contrôle des concentrations durant la première moitié de l'année 2023.

**Transport fluvial** | Question **6647** (10/08/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Sou wéi et ausgesäit, wäert de Rhäin e Freideg bei Koblenz net méi fir d'Schëffer ze passéiere sinn. Dat wäert och Konsequenze fir Lëtzebuerg hunn, speziell och fir d'Belüftung am Mäerterter Hafen.

Aus deem Grond wollt ech dem Här Wirtschaftsminister an der Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Wéi ass de Waasserpegel vun der Musel an de leschte Méint evoluéiert?

2. Bis wéini riskéiere keng Schëffer méi op der Musel fuere ze kënnen?

3. Riskéieren d'Transportproblemer um Rhäin dozou ze féieren, datt mir Enkpäss oder souguer e Stopp bei der Liwwerung vu Pétrolsprodukter oder anere Wuere kréien?

**Réponse** (03/10/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. D'Waasserstänn sinn opgrond vun der Dréchent an dem doraus resultéierendem Niddregwaasser an de leschte Méint um Pegel Stadbriedemes op 220 cm gefall. Bei engem Pegelstand vun 220 cm ass eng Fahrrinnendéift vun 3 m garantéiert.

Opgrond vun Offlossschwankunge vun der Uewermusel kënn et zu weidere kleng Stauzielënnerschreidungen. Doduerch ass d'Fahrrinnendéift aus Sécherheetsgrënn mam Accord vun Wasserstrassen- und Schifffahrtsamt Mosel-Saar-Lahn vun 3,00 m op 2,80 m erofgesat ginn. D'Schëffaart ass iwwert en Avis entspreichend ugewise ginn.

ad 2. Nëmme uewen am franséischen Deel vun der Muselwaasserstrooss sinn am Beräich vun Muselkilometer 363,62 (Fontenoy, bei Toul) bis Kilometer 392,10 (Neuves-Maisons) véier Schleisen zanter dem 11. August 2022 bedéngt duerch Niddregwaasser ausser Betrib. Do sinn d'Schleisen awer an engem Kanal nief der Musel gebaut an hunn doduerch manner Offloss.

Op der Ënnermusel an an dem däitsch-lëtzebuergesche Kondominium gëtt d'Schëffaart eréischt age stellt, wann den Offloss géint 0 m³/s tendéiert an dës extreem Auswierkungen op d'Stauzeiler huet.

ad 3. D'Niddregwaasser um Rhäin a déi domat verbonnen Transportproblemer hunn effektiv en Impakt op d'Liwwerung vu Pétrolsprodukter esouwéi vun anere Wuere um Lëtzebuergesche Marché. D'Schëffer, déi den Hafen zu Mäertert beliwieren, komme bei Niddregwaasser oft just mat engem Dréttel vun hirer normaler Kapazitéit un.

Am Fall vun extreemem Niddregwaasser wier d'Belüftung um Mäerterter Hafen an deementspreechend um Lëtzebuergesche Marché ganz staark limitéiert, respektiv se kéint souguer géint Null tendéieren, wat Pétrolsprodukter betrëfft. Den Hafen zu Mäertert ass allerdéngs eng trimodal Plattform, déi weiderhin iwwert den Eisbunnusschluss beliwert ka ginn, och wann et sech dobäi ëm d'äitlech manner Quantitéiten handelt ewéi mam Schëff. Nief de Pétrolsprodukter ginn et och Enkpäss fir Sand a Kies mat Impakt op

d'Lëtzebuergesche Bauindustrie, esouwéi fir Düngemittel, awer och fir Metallprodukter fir d'Stolindustrie.

Op Säite vun de Laangstolexporter gëtt domat gerechent, dass deen Typ vu Produit erëm duerch d'Banneschëffaart verluede ka ginn. Dës setzt allerdéngs eng positiv Entwécklung vum Waasserzoufluss an de Rhäin voraus.

**Scission de la ligne RGTR 682** | Question **6651** (12/08/2022) de **M. Jeff Engelen** (ADR)

D'RGTR-Linne goufe rezent nei nummeréiert. Parallell dozou koum et awer och zu vereenzelte Streckenännerungen am RGTR-Reseau. Esou gouf zum Beispill déi fréier RGTR-Linn 682 opgedeelt op zwou Linnen: d'Linn 162 an d'Linn 176.

D'Linn 682 ass am 30-Minuten-Takt gefuer, déi nei Linnen (162 an 176) ginn am Stonnentakt gefuer. Dës Ännerung gestallt sech fir vill Benotzer vum öffentliche Transport als onpraktesch, well och den Zuch eng 30-Minuten-Frequenz virweise kann.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un den Här Mobilitéitsminister:

– Aus wat fir enge Grënn ass d'Linn 682 a méi Linnen opgedeelt ginn, wat sech am Endeffekt als onpraktesch erweist?

**Réponse** (26/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

D'Linn 682 hat véier verschidde Linnevarianten, déi an engem méi oder manner reegelméisseg Stonnentakt gefuer si mat insgesamt véier Verstärkerfaarte moies an nomëttes fir d'Schüler.

Mat der Trennung tëscht Schoul- a regulärem RGTR-Reseau sinn dës speziell Faarten an de Schoullinnen A13 a P09 iwwerholl ginn.

D'Linnen 161 an 176 fuere moies méi fréi an och owes méi laang, ausserdeem och samschdes a sonndes. Doduerch ass d'Offer haut weesentlech méi flexibel an duerch ee reegelméisseg a fiablen Horaire méi einfach verständlech an notzbar.

**Réglementation drone européenne** | Question **6656** (12/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Souwäit ech héieren hunn, si verschidde Policebeamte gefrot ginn, wéi si iwwer déi aktuell europäesch Drone-regulatiounen denken a wéi si mat Verstéiss dogéint géifen ëmgoen. Dës Froe stinn natierlech an engem direkten Zesammenhang mat der bannenzeger Sécherheet.

Den internationale Besoin, fir sech op d'Geforen duerch deelweis autonom Waffen, wéi z. B. Dronen, déi kënnen a Kombinatioun mat oder als Vektor fir aner Waffen (dorënner eventuell och cheemesch oder biologesch Waffen) benotzt ginn, ass gutt etabléiert.

Zousätzlech ass de Fortschritt bei der „Smart Dust Sensor Technology“ (extreem kleng Sensoren), déi eventuell kënnen vun Drone kontrolléiert ginn oder mat Dronen a Kontakt trieden, ee potenziell grouss Risiko fir déi national Sécherheet, awer och fir d'Protektioun vu private Persounen a vun hire biometreschen Daten. Souwuel dee méigleche Mëssbrauch vun esou neien Technologien duerch Terroristen a Krimineller wéi och ze vill nei Kontrollméiglechkeete fir de Staat kënnen engem als normalem Bierger grouss Suerg maachen.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng Methode stinn der Police aktuell zur Verfügung, fir Verstéiss géint d'EU-Droneregulationen ze investigéieren? Wéll d'Regierung der Police eventuell méi a besser Moyenen zur Verfügung stellen? Wa jo, wéi eng a wéini?

2. Ass garantéiert, datt d'Armée an d'Police ëmmer op deem neisten technesche Stand sinn, fir Dronen, och eventuell ganz klenger, kënnen ze detektéieren? Sinn d'Formationen bei der Armée a bei der Police op dem ëmmer aktuellste Stand, wat d'Technologie an d'Asatzméiglechkeete vun Drone betrëfft?

3. Wéi benotzt de Staat aktuell Dronen? A wéi enge Ministère an Administratiounen, mat wéi enge Missionen an op wéi enger rechtlecher Basis? Wéi eng Typen vun Drone ginn agesat a vu weem ginn d'Donnéen ausgewäert? Wéi ass den Dateschutz garantéiert?

4. Wéi iwwersetzen sech d'EU-Droneregulationen op Dronen, déi mat enger Schnëttstell fir „Smart Dust“-Sensoren equipéiert sinn? Wann déi Sensoren separat preinstalléiert goufen, gëlle si dann als „Payload“ oder als „Dangerous Goods“?

5. Sinn déi aktuell Dateschutzgesetzter modern genuch, fir d'Donnéen vu private Persounen, hir biometresch Donnéeën, wéi och aner Daten, z. B. mat Bezuch op hir intellektuell Propriétéit, virun enger Iwwerwaachung mat oder duerch Dronen ze schützen?

**Réponse** (04/10/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | **M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | **M. François Bausch**, Ministre de la Défense, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Eng Adaptation vun der aktueller lëtzebuerger Gesetzgebung betreffend Dronen an den deementspriechende Strafbestëmmungen ass an der Ausarbechtung.

D'Anhalen vun de meeschten Dispositionen, déi an der aktueller EU-Reglementation virgesi sinn, kann herno vun de Polizisten mat hire Moyene konstatéiert ginn. Esou wäerten d'Polizisten an hirem normalen Déngscht kënnen feststellen, ob d'Kategorie an d'Gewicht konform sinn, déi noutwenneg Autorisationen säitens der Direction de l'aviation civile (DAC) virleien, respektiv all Konditione an Restriktionen vun der Kategorie „open“ etc. vun der Dron erfüllt sinn.

Méi spezifesch Methoden am Kontext Dronenerkennung, respektiv Verfolgung a Stéierung, kënnen nëmmen an Zesummenaarbecht mat aneren Acteuren geschéien (DAC, Administration de la navigation aérienne etc.). Aktuell ass d'Police amgaangen, déi Composante „Dronenerkennung“ bei sech ze planen.

ad 2. Fir de Volet Dronenerkennung gëtt op d'Äntwert vun der Fro 1 verwisen.

Wat d'Formationen bei der Armée betrëfft, gëtt sech op folgend Dokumenter baséiert:

- ATP 3.3.7. – NATO STANAG 4670: Guidance for the training of Unmanned Aircraft Systems Operators;
- Autorisation d'exploitation d'aéronefs sans équipage à bord (drones) établie par la DAC;
- Règlement ministériel du 14 mai 2019 relatif à la subdivision et aux conditions d'utilisation de l'espace aérien luxembourgeois;
- Letter of Agreement between Luxembourg Armed Forces, ANA, LAR, Police grand-ducale (21 juin 2018);
- Easy Access Rules for Unmanned Aircraft Systems (EU Regulations 2019/947 and 2019/945).

ad 3. De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten huet am Oktober 2020 eng legislativ Prozedur lancéiert, fir eng legal Basis zu der Supervisioun vun

der „aviation étatique“ auszeschaffen. Dës ëmfaasst „d'Loftaktivitéit vu staatleche Fligere (och Dronen), déi dem Staat gehéieren oder zur Verfügung gestallt sinn an exklusiv op Missionen vun ëffentlechem Interesse zougewise sinn“. Dozou gehéieren zum Beispill d'Loftaktivitéiten an d'Missionen vun der Police grand-ducale, der Armée an dem Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS).

Hei gëllt et och, op d'Bestëmmungen vum Gesetzprojet 7680 ze verweisen, fir deen de Staatsrot de 14. Juni 2022 säin zousätzlechen Avis ginn huet.

D'Ausschaff vum enger legaler Basis ass eng Viraussetzung fir all Encadrement an Amenagement vun den Aktivitéiten vun enger „aviation étatique“, ouni den Niveau vun der Sécherheet vun der ziviller Loftfaart ze beaflossen. Aktuell sinn déi eenzeg applicabel Reegelen, déi allgemeng Reegele vun der internationaler ziviller Loftfaart nom Artikel 1 vum modifizéierte Gesetz vum 31. Januar 1948 „relative à la réglementation de la navigation aérienne“.

ad 4. D'Reglement (UE) 2019/947 gesäit d',obligation de l'enregistrement' fir den Exploitant vun der Dron vir, wann dës mat engem Capteur equipéiert ass, dee perséinlech Donnéeën ophele kann, ausser se ass konform zu der Direktiv 2009/48/CE „relative à la sécurité des jouets“, déi der Kompetenz vum Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services (ILNAS) ënnerläit.

ad 5. Dat europäesch Dateschutzreglement (UE) 2016/679 („RGPD“), wat säit dem 25. Mee 2018 an allen EU Memberstaaten a Kraaft ass, ass als technologesch neutral konzipéiert ginn, andeems et op allgemeng Prinzipien baséiert, éischer wéi op spezifesch Technologien. Dës erlaabt et dem RGPD, all nei Technologien ze couvréieren, fir déi selwecht allgemeng Prinzipien gëllen.<sup>3</sup>

Wat den Traitement vu biometreschen Donnéeën ugeet, mat dem Zil, physisch Persounen op eng spezifesch Manéier ze identifizéieren, zum Beispill wann déi Biller vun enger Gesichtserkennungssoftware gelies gëfen, gesäit den Artikel 9 Paragraph 1 vum RGPD vir, datt dat am Prinzip verbueden ass. Just wann eng vun deenen am Artikel 9 Paragraph 2 vum RGPD limitativ opgezielten Ausnahmen erfüllt wier, kéint esou en Traitement duerchgefëhrt ginn. Et ass dann um „responsable de traitement“ ze justifiéieren, datt deen Traitement vu Biller eng vun deene Konditione erfüllt.

.....  
**Placement d'urgence d'enfants à la Kannerklinik du CHL** | Question 6658 (16/08/2022) de **Mme Nathalie Oberweis** | **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk)

Notre attention a été attirée par une information en lien avec la protection de la jeunesse et la procédure du placement judiciaire décidé par le tribunal de la jeunesse. Concrètement, cette information reçue concerne la situation où il arrive que des mineur.e.s que l'on vient de séparer de leurs parents biologiques/légaux soient placée.e.s d'urgence pour une certaine période à la Kannerklinik du CHL.

Comme le prévoit l'article 5 de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse, si le.la juge de la jeunesse a des doutes sur l'état physique ou

mental du.de la mineur.e, il est en mesure de placer le.la mineur.e à l'hôpital pour le faire observer et examiner médicalement par un ou plusieurs médecins spécialistes.

Néanmoins, selon des personnes travaillant en interne, il arrive que des enfants restent placés à la Kannerklinik après la fin de leur traitement, alors qu'ils sont médicalement en bonne santé. Il semble également arriver que le.la juge de la jeunesse ou le tribunal de la jeunesse place le.la mineur.e en milieu hospitalier sans raison médicale, ignorant qu'il existe par exemple des places dans un foyer d'accueil d'urgence et de dépannage, ou dans des familles d'accueil d'urgence.

Dans le cas qui nous a été décrit, il est mentionné que l'hôpital, bien qu'il s'efforce d'offrir les meilleures conditions possibles aux mineur.e.s, n'est évidemment pas le lieu approprié pour soutenir les mineur.e.s dans une telle situation de crise, notamment sur le plan émotionnel.

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé, Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ainsi qu'à Madame la Ministre de la Justice :

1) Dans le cadre d'un placement judiciaire, arrive-t-il qu'un.e ou plusieurs mineur.e.s soient placée.e.s d'urgence à la Kannerklinik du CHL ou dans d'autres hôpitaux ?

2) Dans l'affirmative à ma première question, à qui exactement l'autorité parentale est-elle attribuée dans une telle situation ?

3) Dans l'affirmative à ma première question, quel est le personnel responsable de la prise en charge des mineur.e.s en placement d'urgence à la Kannerklinik ?

4) Combien d'organismes peuvent actuellement accueillir des mineur.e.s et combien de places sont disponibles dans chaque organisme ? Comment ces nombres ont-ils évolué en 2019, 2020, 2021 et 2022 ?

5) Dans l'affirmative à ma première question, la Kannerklinik du CHL accueille-t-elle également un.e ou plusieurs mineur.e.s lorsque des places sont disponibles, par exemple, dans un établissement spécialisé (Foyer d'accueil d'urgence et de dépannage, familles d'accueil d'urgence, etc.) ?

6) Dans l'affirmative à ma première question, sur quels critères le.la juge de la jeunesse ou le tribunal de la jeunesse se base-t-il pour décider si un.e mineur.e doit être placée à la Kannerklinik du CHL ou ailleurs ?

7) Le.la juge de la jeunesse ou le tribunal de la jeunesse a-t-il accès à une liste actualisée en permanence qui l'informe des places disponibles dans des foyers d'accueil d'urgence et de dépannage ou dans des familles d'accueil d'urgence ? Les foyers d'accueil d'urgence et de dépannage signalent-ils leurs places disponibles à l'Office national de l'enfance (ONE) et au Service central d'assistance sociale (SCAS) ?

8) Dans l'affirmative à ma première question, ne faut-il pas se demander si des capacités hospitalières sont ainsi occupées « inutilement » alors qu'ils pourraient servir à la prise en charge de jeunes patient.e.s dans un contexte d'épidémie ou de vagues d'infections virales ? En l'occurrence, en 2021, le CHL était entre autres confronté à un afflux inhabituel de jeunes patient.e.s touché.e.s par une « infection RSV ». Dans ce contexte, est-ce que des mineur.e.s placée.e.s d'urgence par le.la juge ou le tribunal de la jeunesse à la Kannerklinik continuaient à être retenu.e.s sur place alors qu'ils.elles se trouvaient en bon état de santé ?

9) Dans l'affirmative à ma première question, combien de mineur.e.s ont été placée.e.s d'urgence dans

<sup>3</sup> Communication de la Commission européenne au Parlement européen et au Conseil, à l'occasion du deuxième anniversaire de l'entrée en application du RGPD, Sait 10, disponible via d'Adress: [https://ec.europa.eu/info/sites/default/files/1\\_en\\_act\\_part1\\_v6\\_1.pdf](https://ec.europa.eu/info/sites/default/files/1_en_act_part1_v6_1.pdf).



un hôpital quelconque en 2019, 2020, 2021 et 2022 ? Quel âge avaient-ils-elles ? Combien de temps a duré leur placement en milieu hospitalier respectif ?

10) Le cadre juridique actuel permet-il au tribunal de la jeunesse ou au... à la juge de la jeunesse de placer le... la mineur.e, par exemple, dans un foyer d'accueil d'urgence et de dépannage ou une famille d'accueil d'urgence et d'ordonner simultanément/parallèlement que le... la mineur.e y soit observé.e et/ou examiné.e/ traité.e médicalement par un ou plusieurs médecins spécialistes ?

**Réponse** (26/09/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1) Cette possibilité existe et à titre d'exemples, l'on peut citer le cas d'un nouveau-né « en sevrage » en raison d'un parent toxicomane, un enfant dont un bras ou une jambe a été cassé, un enfant qui a commis une tentative de suicide, ou tous les cas de psychiatrie juvénile.

ad 2) Elle est attribuée à l'entité juridique qui est le titulaire du placement. Dans le contexte de la présente question parlementaire, l'autorité parentale serait ainsi attribuée au CHL.

ad 3) Les autorités judiciaires ne désignent que l'hôpital dans lequel le placement doit être exécuté, mais laissent à l'hôpital concerné (dans le cas présent au CHL respectivement à la Kannerklinik) le soin de décider du personnel qui sera responsable de la prise en charge de l'enfant en fonction du service choisi ou des besoins de l'enfant.

ad 4) Actuellement, le secteur luxembourgeois de l'aide à l'enfance et à la famille dispose de 17 prestataires qui peuvent accueillir des mineurs et jeunes adultes pendant le jour et la nuit. À ceux-ci s'ajoutent encore les institutions à l'étranger qui permettent une prise en charge ciblée pour des bénéficiaires qui en ont besoin ainsi que 527 familles d'accueil agréées.

En 2020, il existait 962 places agréées pour l'accueil de jour et de nuit auprès de 16 prestataires, tandis qu'en 2022, on comptait 1.017 places agréées pour l'accueil de jour et de nuit auprès de 17 prestataires. Il n'y a pas eu de recensement par rapport aux places disponibles en 2019 et en 2021.

ad 5) Non, les placements à la Kannerklinik du CHL, ou dans d'autres hôpitaux, ne sont prononcés que pour des motifs médicaux. En outre, si des places sont disponibles dans des structures spécialisées et adaptées, l'enfant y est placé afin de garantir la meilleure prise en charge possible.

Néanmoins, il peut arriver qu'à la fin du traitement médical du mineur, aucune place adaptée et libre ne puisse être trouvée dans l'immédiat, de sorte que l'enfant reste pendant une courte période au CHL après la fin du traitement.

ad 6) Le principe est qu'un enfant n'est placé au CHL que si une assistance médicale est nécessaire.

ad 7) Une telle liste actualisée est fournie aux autorités judiciaires une fois par semaine. Le juge de la jeunesse peut également mandater le SCAS d'introduire une demande auprès de l'ONE afin de trouver un foyer à un mineur d'âge en vue d'un placement. L'ONE se charge de contacter les foyers et en cas de disponibilité signale la place vacante à l'agent du SCAS. Ce dernier en informe le juge de la jeunesse.

L'ONE dispose en permanence de cinq lits d'urgence pour l'accueil de mineurs en cas d'urgence absolue. Les prestataires disposant d'un tel lit d'urgence signalent leurs disponibilités à l'ONE avant le week-end et cette

information est transmise au tribunal de la jeunesse. À côté des lits d'urgence, les prestataires signalent leurs places disponibles régulièrement à l'ONE qui se charge de trouver un lieu de placement adapté aux besoins de chaque bénéficiaire.

ad 8) Les cas de mineurs retenus à la Kannerklinik après la fin de leur traitement sont d'une part d'une courte durée et d'autre part rares depuis 2021. Dès lors, ces placements n'entraînent pas de risque de saturation des hôpitaux.

ad 9) En 2019, 52 mineurs ont été placés dans un hôpital (tous hôpitaux confondus), un placement étant toujours en cours.

En 2020, ce chiffre s'élève à 22 mineurs, aucun placement n'étant toujours en cours.

En 2021, ce chiffre s'élève à 29 mineurs, 4 placements étant toujours en cours.

Concernant l'année 2022, à la date du 23 août 2022, 15 mineurs ont été placés dans des hôpitaux, 6 placements étant toujours en cours.

La plupart des placements interviennent à la naissance de l'enfant, soit quelques semaines ou quelques mois plus tard. Concernant les placements en milieu psychiatrique, les mineurs sont en moyenne âgés entre 12 et 17 ans. Les placements sont en moyenne d'une durée de quelques semaines à quelques mois, dépassant rarement une année.

ad 10) Si un enfant ne nécessite pas d'assistance médicale poussée, le juge ou le tribunal de la jeunesse le place auprès d'une structure spécialisée. Il appartient dès lors à cette structure, disposant de l'autorité parentale, de veiller à organiser les soins médicaux adéquats et adaptés à l'enfant.

Exceptionnellement, notamment en cas de conflits faisant craindre un risque pour la santé de l'enfant, le tribunal de la jeunesse peut imposer un suivi médical à la structure spécialisée.

.....  
**Problèmes suite à l'introduction des nouveaux horaires des lignes RGTR** | Question **6668** (18/08/2022) de **M. André Bauler** (DP)

D'Regierung leet bekannterweis grouse Wäert op d'Attraktivitéit vum ëffentleche Persounentransport.

No der Restrukturëierung vum RGTR vum 17. Juli 2022 bekloe sech Bierger aus der Gemeng Rammerech iwwer d'Ubannung vu verschiddenen Uertschaften un d'RGTR-Netz.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Firwat hunn d'Uertschaften Holz, Pärel, Wolwen, Héi-Maartel a Maartel-Roumecht nom neie Fuerplang vum 17. Juli 2022 keng direkt Ubannung méi u Rammerech, fir do d'Korrespondenz op Wolz, Ettelbréck an an d'Stad ze garantéieren?

2. Firwat fiert d'Ligne 141 (Ligne 622 bis zum 17. Juli 2022) net méi duerch Holz a Pärel um Wee fir op Wolz? Holz a Pärel hunn nämlech haut keng direkt Ubannung méi op Wolz an Ettelbréck.

**Réponse** (26/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Zu Holz, Pärel, Wolwen, Héi-Maartel a Maartel-Roumecht ass d'Offer mat enger neier Express-Linn (Linn 901) iwwer Réiden direkt an d'Stad staark verbessert ginn. Wann een d'Fuerzäiten am Verglach mat der aler Linn 530 kuckt, dann huet een 2019 laut Horaire 1 Stonn 10 vu Pärel just bis op Ettelbréck gebraucht, haut ass et 1 Stonn 15 bis op d'Stäreplaz.

Fir op Wolz huet ee vu Wolwen, Héi-Maartel a Maartel-Roumecht haut eng direkt Linn (141). Dës Connexioun ass et esou am ale Reseau net ginn. Vun Holz a Pärel aus kann een d'901 huelen, fir duerno mat der 141 weiderzufueren, tëscht dëse Linne gëtt et eng Korrespondenz zu Wolwen.

Fir op Ettelbréck muss een zu Réiden ëmklammen, dës Verbindung ass nach net optimal an haut 20 Minutte méi lues ewéi virdrun. De Gros vun der Demande Richtung Ettelbréck an Dikrech kënnt awer vu Lycéesschüler, déi mat de Schülerlinne K15 a K35 eng direkt Verbindung an d'Nordstad hunn. Den Accès zu der Linn 10 vun de CFL ass substanzuell verbessert ginn, esou kann een zu Réiden ëmklammen an d'Linn 934 huelen, fir séier op d'Mierscher Gare ze kommen.

Prinzipiell ass ze soen, dass mir d'Gemengen intensiv an de Prozess vun der Reorganisatioun agebonnen hunn, an effektiv hat d'Gemeng Rammerech gefrot, fir déi genannten Uertschaften un d'Localitéit Rammerech unzebannen. An dësem Fall war et awer esou, dass ee keng Linn hätt kënnen ëmleeën, ouni op enger anerer Plaz d'Fuerzäiten ze verlängeren. Fir eng zousätzlech Linn ass d'Mobilitéitsdemande tëscht dësen Uertschaften an der Uertschaft Rammerech net grouss genuch. Prinzipiell ass den Transport innerhalb vun enger Gemeng net d'Käraufgab vum RGTR, do, wou et geet oder wou d'Demande et justifiéiert, probéiere mir natierlech, de Gemengen entgéintze kommen.

Esouwuel meng Verwaltung vum ëffentlechen Transport wéi och meng Equipe vun der Mobilitéitsplanung am Ministère stinn de Gemengen zur Verfügung, wann dës Froen oder Proposen zum ëffentlechen Transport oder zum allgemengen Thema Mobilitéit hunn, a probéiere wou méiglech, Léisungen ze fannen. D'Gemeng Rammerech ass, ausser bei där éischter Consultatioun 2019, bis elo nach net mat dëse Problematiken u mech erugetrueden.

ad 2. Dës Ännerung huet misse gemaach ginn, fir d'Korrespondenz op der Gare Wolz ze garantéieren. Mat der Korrespondenz vun der 901 op d'141 zu Wolwen verléiert ee ronn siwe Minutte par rapport zum alen Tracé, am Reseau virun 2019 huet eng Ubannung a Richtung Wolz net bestanen.

.....  
**Terre arable** | Question **6679** (18/08/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Am Artikel 9 vum Naturschutzgesetz steet: « Dans la zone verte, sont soumis à l'autorisation du ministre, l'ouverture de minières, sablières, carrières ou gravières ainsi que l'enlèvement et le dépôt de terre arable sur une superficie dépassant 10 a ou un volume de 50 m³. »

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch an den Här Landwirtschaftsminister stellen:

1. Gëtt d'Opfëlle vun enger aler Carrière an der Gréngzon, och am Bësch, ënnert verschiddene Konditiounen erlaabt? Wa jo, ënnert wéi enge Konditiounen?

2. Laut onsen Informatiounen kruten eenzel Leit ee „refus“ mat der Erklärung, dass laut Naturschutzgesetz just den Depot vun Akerbuedem kéint autoriséiert ginn? Heescht dat konkret, dass een am Bësch, wann een eppes géif opfëllen, just där d'gud-den Akerbuedem benotzen?

3. Wéi ass de Begrëff vun „terre arable“ definéiert?

Op der anerer Säit soll et am Kader vun der GAP-Reform, wou e Mindestundeel vu 4 % vun der landwirtschaftlecher Fläch vum Betrib fir net produktiv Fläche

virgesi sinn, fir esou nach vun den Aidë kënnen ze profitéieren (GLÖZ-Standard 8: Biologische Vielfalt), erméiglecht ginn, fir ënnert anerem och Cairns oder Steinhaufen op Akerland ze tippen.

4. Däerf de Bauer Steng op säin Akerland tippen, fir vun den Aidë fir d'biologesch Villfalt ze ënnerstëtzen, kënnen ze profitéieren? Ginn et heivir speziell Konditiounen? Wat ass genau ënnert engem „Steinhaufen“ ze verstoen? Wéi gëtt dat iwwer d'Naturschutzgesetz gereegelt? Ënnert wéi enge Konditiounen däerf een déi Steng erëm fort huelen?

5. Fannen d'Ministeren net, dass déi zwou Reegulungen zumindest bis zu engem gewësse Mooss kontradiktorsch sinn? Wéi gëtt a Sträitfäll tranchéiert? Wat fir enger Reegulung gëtt ee méi Gewiichtung?

**Réponse** (06/10/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. D'Opfëlle vun net méi exploitéierte Carrièren ass a ville Fäll aus naturschutzfachlecher Siicht problematesch, well sech op dëse Flächen oft mat der Zäit interessant Vegetationsformen an -aarten installéieren. All Demanden, fir esou Plazen opzefëllen, gi par rapport zu dëse Facteuren analyséiert, an opgrond vun de Resultater vun dëser Analys entscheet sech, ob esou eng Opfëllung nom Naturschutzgesetz ka geneemegt ginn oder net. Esou Opfëllungen ënnerleien des Weideren ënnert Ëmstänn och dem Kommodo- oder dem Waassergesetz; och do gëtt all Projet individuell en fonction vu sengen Impakter evaluéiert. Am Fall, wou d'Opfëlle vun enger Carrière autoriséiert gëtt, geschitt dat an der Regel net mat Akerbuedem, mee mat anerem inerte Material.

ad 2. D'Naturschutzgesetz schreift vir, dass d'Deposéieren an d'Ofdroe vun Akerbuedem iwwer 50 m<sup>3</sup> eng Geneemegung brauch (Artikel 9).

Ënner Akerbuedem am Kader vum Naturschutzgesetz gëtt deen organeschen Deel vum Buedem verstan, d. h. just déi iewesch Buedemschichten, déi och d'Humusschicht beinhalten. Dëse Buedem ass eng wichteg natierlech Ressource a sollt méiglechst erëm sënnavoll agesat an net einfach entsuergt ginn, wann dees z. B. bei Bauaarbechten ufält. Allgemeng ass et also sou, dass wa sou ee Buedem rëm ka sënnavoll op eng Fläche ausbruecht ginn, dëst och autoriséiert gëtt.

Am Fall vu Buedem, deen net als Akerbuedem agestuift gëtt, an eng Demande virläit, dësen an der Gréngzon auszebréngen, spillt den Artikel 12, deen et allgemeng temporär, temporär oder permanent Depot- en an der Gréngzon ze tätigen.

ad 3. „Terre arable“ ass Akerbuedem, also wéi uewen-driwwer scho gesot, déi iewesch Buedemschichten, déi och d'Humusschicht beinhalten.

ad 4. Traditionell hu Bauere Steng, déi beim Plouen ausgegruewe gi sinn, an d'Bewirtschaftung vun engem Aker gestéiert hunn, um Rand vun de Felder deposéiert. Iwwer d'Jore sinn sou Stengkéip an der Landschaft entstan, déi attraktiv Mikroliewensraum fir Insekten, Amphibien an Oppelandvulle gebilt hunn. Duerch déi progressiv Vergrësserung vun de landwirtschaftleche Parzellen an den Asaz vu méi grouse Maschinnen am Akerbau sinn dës Strukture progressiv verschwonnen, wat ënner anerem och zum Verloscht vun der Aartevillfalt bäigedroen huet. Am Kader vum Naturschutzgesetz si sou Stengkéip als geschützte Biotopen agestuift ginn. D'Uleë vu Stengkéip gëtt also als eng naturschutzfachlech Interventioun gesinn a leeft dann och iwwer déi normal Prozedur vun enger Naturschutzgeneemegung.

Stengkéip (Cairns) um Akerland zielen ab 2023 zu den net produktive Flächen, déi d'Betribber am Kader vun hiren allgemengen Oplagen a Saachen Naturschutz an Aartevillfalt opweise mussen (erweidert Konditionalitéit). Si ginn am elektronesche Flächenantrag gemellt a gi pauschal mat jeeweils 25 m<sup>2</sup> ugerechent. Am Kader vun den neie Moossnamen an deem Kontext zum Erhale vun der Biodiversitéit ass och eng Bähëllef fir d'Uleë vu Stengkéip virgesinn. Dës Moossname si mehrjähreg national Programmer zur Sécherung vun der Aartevillfalt an dem Schutz vu Grénglandbiotoper.

ad 5. Wichteg ass, au cas par cas ze kucken, wat d'Finalitéit vun enger Demande ass. Wa sech d'Uleë vu Stengkéip areit an d'Objektiver vun engem Aarteschutzprogramm oder als solches an engem Gestionsplang vun engem Naturschutzgebitt virgesinn ass, si sou Interventiounen sënnavoll. Awer net all Steekoup huet och eng ökologesch Funktioun. Wat den Depot vu Buedem ugeet, ass d'Virgoensweis ënner dem Punkt 2 genau erkläert. Effektiv sinn et zwou verschidde Reegulungen, mee an der Praxis besteet keng Kontradiktioun tëscht hinnen, et gëtt dohier och keng Sträitfäll.

.....  
**Source Bel-Val** | Question **6691** (22/08/2022) de **M. Marc Spautz** | **M. Georges Mischo** (CSV)

Héich Temperaturen a kaum Reen iwwer Méint suerge fir historesch niddereg Flëss an e weider récklee-fegen Niveau vum Grondwaasser, dee sech ënner de verännerte Klimakonditiounen net sou einfach regeneréiere kann. Opgrond vun der unhalender Dréchent fänkt munchereen un, sech Suergen ëm d'Drénkwaasserversuergung ze maachen an denkt, nieft dem spuersamen Ëmgang mam Waasser, iwwer alternativ oder zousätzlech Quellen no, fir d'Waasserversuergung vu Land a Leit weider sécherzestellen.

An deem Kontext sief un d'Mineralwaasserquell Bel-Val um haitege Site Belval erënnert, um Territoire vun der Gemeng Suessem. D'Quell mat engem Debit vun 300.000 l gouf 1891 gefaasst. 1893 gouf d'Waasser an den Handel bruecht. D'Waasser vun der Société anonyme générale des eaux minérales de Bel-Val gouf net nëmmen zu Lëtzebuerg verkaaft, mee och an Europa, Nord- a Südamerika an a China exportéiert. Wéinst Mëssmanagement, Wirtschaftskris a staarker Konkurrenz gouf d'Produktioun 1935 agestillt. D'Quell existéiert bis haut, an den 2000er Jore gouf se a Bëton gefaasst an et gouf en Deckel dropgemaach.

An deem Kontext wëlte mir folgend Froen un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung stellen:

1. Wéi ass d'Positioun vum der Madamm Minister par rapport zu enger eventueller Neinotzung vun der Source Bel-Val?

2. Sinn Etuden am deem Sënn gemaach oder an Opdrag gi ginn?

3. Wa jo, wat sinn d'Erkenntnisser?

4. Wann net, firwat kënn d'Source Bel-Val net als weider Drénkwaasserquell a Fro?

**Réponse** (05/10/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. D'Prioritéit vun der Regierung fir d'Sécherheet vun der Drénkwaasserversuergung zu Lëtzebuerg ass op dräi Pilieren opgebaut:

- de Schutz vu besteende Ressourcen,
- d'Sich no neie Ressourcen,
- d'Ëmsetzung vu Waasserspüeremoossnamen.

Fir de Moment si vill Projeten um Lafen, fir nei Buerungen ze realiséieren oder al Quellen, déi ausser Betrib waren, nees a Betrib ze huelen. Dobäi ënnerstëtzen d'Mataarbechter aus der Waasserverwaltung (AGE) déi betrafte Gemengen an och d'Drénkwaassersyndikater esou gutt wéi méiglech.

D'Gemengenautonomie spillt heibäi eng wichteg Roll: De Minister a seng technesch Verwaltungen, wéi d'Waasserverwaltung, sinn ënner anerem do, fir d'Gemengen am Beräich vun der Drénkwaasserversuergung vun den Awunner an och am Ëmgang mat hire Waasserressourcen ze guidéieren an ze beroden.

Wat eng Exploitatioun vun der Quell Bel-Val als Drénkwaasserressource ugeet, sou läit dëst a Gemen-genhand. Et ass wichteg, do de ganze Kontext ze gesinn: Do kann net nëmme gekuckt ginn, wéi et viru méi wéi 100 Joer ausgesinn huet, mee och den Historique vum Site, d'Lokalitéit, d'Geforen, d'Contrain-ten an och déi national Gesetzgebungen, déi musse respektéiert ginn, fir eng gutt Drénkwaasserqualitéit kënnen ze garantéieren, musse beuecht ginn.

Wéi déi honorabel Deputéierten an der Fro opgräfen, ass d'Quell Bel-Val säit 1935 net méi a Betrib, an de Site ass deemools un d'ARBED verkaf ginn. De ganze Site Belval, wou d'Quell Bel-Val läit, ass staark gepräagt duerch déi fréier Eisen- a Stolindustrie, déi d'Grondwaasser souwéi och de Buedem markéiert hunn.

Et ass net auszuschléissen, dass duerch Réckstänn vu Schuedstoffer am Buedem a Grondwaasser (bedéngt duerch déi fréier industriell Notzung um Site), d'Drénkwaasserqualitéit net garantéiert kéint ginn. Eventuell wär eng finanziell an technesch opwenneg Behandlung vum Waasser noutwenneg. Et misst do-wéinst am Virfeld och analyséiert ginn, ob esou eng Behandlung iwwerhaupt machbar wär.

Eng Notzung vun der Quell Bel-Val fir Drénkwaasserzwecker géif och bedeiten, dass Drénkwaasserschutzzone missten delimitéiert ginn, konform zum Artikel 44 vum Waassergesetz vum 19. Dezember 2008. Dëst géif och vill Aschränkunge mat sech bréngen, notament, wat aktuell an zukünfteg Gebaier betrëfft. Dës Aschränkungen, déi fir d'Garantie vun der Drénkwaasserqualitéit noutwenneg wäeren, sinn op engem Site vun enger fréierer Schweißindustrie mat enger aktueller staarker urbaner Entwécklung net realistesch.

Zudeem läit besote Quell och an enger gerénger Déift an ass soumat ganz vulnerabel géigeniwwer Infiltratiounen vun der Uewerfläch. Duerch dës geréng Déift vum Grondwaasser sinn och Interventiounen am Grondwaasser duerch Bauprojekte ganz warscheinlech, soudatt den Drénkwaasserschutz net garantéiert ka ginn.

ad 2. Ufanks 2000 sinn Etüde gemaach ginn, fir d'Quell Bel-Val erëm a Betrib ze huelen, mee dës Iddi ass séier erëm verworf gi wéinst dem Historique vum Site, wéi an der éischter Äntwert heidriwwer schonn ernimmt.

ad 3. Hei verweisen ech op d'Äntwerten 1 an 2.

ad 4. Wéi schonn uewen erkläert, maachen d'Qualitéit vum Grondwaasser um Site Belval, déi net den Drénkwaasserufuerderungen entsprécht, d'Präsenz vun engem belaaschte Site an der Vulnerabilitéit vun der Quell an dem Anzuchsgebitt et schwierger, fir d'Quell Bel-Val esou ze schützen, dass eng Notzung fir Drénkwaasserzwecker méiglech wär.

Et sief och bemierkt, dass d'AGE d'Stad Esch/Uelzecht ënnerstëtzt, fir eng aner Grondwaasserquell zu Esch op der Héicht vun der Gemeengrenz zu Schëffleng fir Drénkwaasserzwecker ze notzen. Eng Buerung ass geplangt an déi Quell ass vun hirer Lag aus vill besser



dofir gëeegent wéi d'Quell Bel-Val, dëst esouwuel wat d'Qualitéit an d'Quantitéit betrëfft.

**Centre de données à Bissen | Question 6692**  
(22/08/2022) de **M. Laurent Mosar** (CSV)

Hier, le porte-parole de Google Belux a confirmé que le terrain prévu pour la construction d'un centre de données à Bissen a été reclassé et est par conséquent constructible. Néanmoins, il semble que Google veuille garder le silence sur ses intentions concernant la construction d'un centre de données sur le terrain en question.

C'est dans ce contexte que je désirerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie :

– Monsieur le Ministre peut-il confirmer que le terrain en question a été reclassé et est par conséquent constructible ?

• Dans le cas contraire, dans quel délai toutes les procédures administratives peuvent être accomplies de sorte que le terrain soit classé comme constructible ?

– Est-ce que toutes les procédures d'autorisation concernant la construction d'un centre de données sont terminées ?

• Dans le cas contraire, quelles procédures sont encore en cours et dans quelle période pourraient-elles être finies ?

– Monsieur le Ministre peut-il nous confirmer que Google poursuit toujours l'objectif de construire un centre de données à Bissen et à quel moment les travaux pourraient-ils commencer ?

• Si ce n'est pas le cas, Monsieur le Ministre peut-il nous donner plus d'informations sur ce que Google souhaite faire avec ses terrains à Bissen ?

– Qu'est-ce que le Gouvernement compterait faire avec le terrain en question si Google n'avait plus l'intention de s'installer à Bissen ?

**Réponse** (26/09/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État

Suite à l'arrêt de la Cour administrative du 1<sup>er</sup> mars 2022 (numéro 46352C du rôle), l'approbation par le conseil communal de Bissen en 2019 de la modification ponctuelle du plan d'aménagement général (PAG) de la commune de Bissen a force de chose jugée. La modification ponctuelle du PAG concerne le reclassement de plusieurs parcelles de terrain au lieu-dit « Busbiert » en une zone spéciale dite « Datacenter », respectivement en une zone soumise à un plan d'aménagement particulier « nouveau quartier », ainsi que partiellement en zones de servitude « urbanisation ».

Au niveau procédural, la loi modifiée du 15 mai 2018 relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement impose au maître d'ouvrage souhaitant développer un centre de données sur ce site la réalisation d'une étude d'impact environnemental (EIE). Dans ce contexte, le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable a émis, en vertu de l'article 5 de la prédite loi, en date du 6 janvier 2021 un avis concernant le champ d'application et le niveau de détail du rapport d'évaluation à fournir par le maître d'ouvrage. L'avis en question est basé sur le document « Projet "London Bridge" – Rapport d'orientation de l'EIE » datant du 6 octobre 2020 élaboré par un bureau d'études désigné par la société LB Technology SARL. Il revient au maître d'ouvrage de charger des experts agréés pour élaborer ledit rapport. Jusqu'à ce jour, aucun rapport n'a été soumis par le maître d'ouvrage à l'autorité compétente, à savoir le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable. Il y a lieu de relever que l'avis de l'autorité compétente

est valable pour un délai de cinq ans qui peut être prolongé de deux ans maximum sur demande écrite dûment motivée du maître d'ouvrage.

En raison d'autres procédures administratives à accomplir par le maître d'ouvrage, et qui sont notamment jugées nécessaires pour la protection de l'environnement et pour garantir la sécurité des salariés, du public et du voisinage en général, il est à ce stade impossible de fournir un délai pendant lequel ces démarches seront accomplies.

Le Gouvernement ne dispose d'aucune information qui indiquerait que l'objectif de Google de construire un centre de données à Bissen serait remis en cause.

Comme déjà indiqué dans la réponse du 12 novembre 2019 à la question parlementaire n° 1328 de l'honorable Député Laurent Mosar au sujet de la présence de « Google » au Luxembourg, pour pouvoir garantir la mise en valeur du site par le développement d'une zone d'activité économique dans l'hypothèse éventuelle de la non-réalisation d'un centre de données, le Gouvernement s'est donné les moyens nécessaires – moyennant un droit de préemption au prix de l'achat – pour être en mesure de pouvoir s'approprier, en vue de les réunir en une seule main, les terrains acquis par Google à Bissen.

**Protection des données sur TikTok | Question 6698**  
(23/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Esou wéi déi éisträichesch Zeitung „Der Standard“ schreift, ginn d'Donnéen vum den Nutzer bei der chinesescher Applikation TikTok, déi zu Lëtzebuerg grad bei jonke Leit populär ass, besonnesch aggressiv gesammelt, well et net méiglech ass, extern Links iwwert en externe Browser opzemaachen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung matdeelen, ob dës Praxis vum TikTok och mat de Lëtzeburger Dateschutzgesetzter kompatibel ass? Falls jo, kéint d'Regierung sech dann eng zäitno Gesetzesännerung virstellen, respektiv sech zu Bréissel fir eng Ännerung vum der DSGVO asetzen?

2. Den Dateschutz ass e Probleem, dee jonk Leit allgemeng besonnesch staark betrëfft. Wéi eng Moossnamen huet d'Regierung bis ewell geholl, fir an der Schoul fir dëst wichtegt Thema ze sensibiliséieren an de Schüler och bäizebréngen, wéi si hir Donnéeën eegeverantwortlech besser schützen kënnen?

3. Wéi beurteelt d'Regierung de Risiko, datt privat Donnéeën vu Lëtzeburger Bierger an Drëttstaaten transferéiert kënnen ginn an domat méiglecherweis och fir déi entsprecheend Regierungen zougänglech ginn, notament an net demokratesche Staate wéi der Volksrepublik China?

**Réponse** (04/10/2022) de **M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Well d'CNPD fir d'Appréciation vum der Kompatibilitéit vum enger Praxis mat den Dateschutzgesetzter kompetent ass, gouf si fir dës Äntwert consultéiert.

Vu dass keng konkreet Elementer zur Verfügung stinn, kann d'CNPD d'Allegatiounen vum der éisträichesch Zeitung „Der Standard“ net iwwerpräiwen. TikTok, fir déi d'Mammenhaus a China etabliert ass, huet säin Hauptsätz fir d'EU an Irland. De sougenannte „One-Stop-Shop“ Mechanismus, dee vum generellen europäeschen Dateschutzreglement

(„RGPD“<sup>4</sup>) agericht gouf, gesäit vir, dass et un der irescher „Data Protection Commission“ ass, fir d'Konformitéit vum TikTok mat de Prinzippien an Obligationen vum RGPD fir all Sammlung vu perséinlechen Donnéeën vum Awunner vun der Europäescher Unioun ze iwwerwaachen, onofhängeg vum der Technologie, déi benotzt gëtt.

Betreffend der Sammlung vum Donnéeën unhand vu Cookies oder aneren Traceuren, muss TikTok déi national Bestëmmungen iwwer d'Protektioun vum Privatlewen am Beräich vum den elektronische Kommunikatiounen vum all EU-Memberland respektéieren, déi op der sougenannter „ePrivacy“-Direktiv baséieren (zu Lëtzebuerg, dat ofgeännert Gesetz vum 30. Mee 2005<sup>5</sup>). An dëser Hisiicht gëtt de Moment op europäeschem Niveau d'„ePrivacy Reglement“ diskutéiert, fir méi Kohärenz mat de Reegelen vum RGPD an eng harmoniséiert Interpretatioun vum de Reegelen duerch déi verschidde Memberstaaten an nationalen Autoritéiten ze schaffen.

ad 2. BEE SECURE ass eng Regierungsinitiativ, déi als Zil huet, bei der Allgemengheet a besonnesch bei Kanner a Jugendlechen, souwéi hiren Elteren, Enseignant-en an Educateuren, eng méi sécher, verantwortlech a positiv Nutzung vum Informationstechnologien ze promovéieren. An deem Zesummenhang huet BEE SECURE 2022 eng éischte Kéier e Rapport iwwer d'Mediennutzung vum de Kanner a Jonken erausbruecht (BEE SECURE Radar).

D'Resultater aus dësem Rapport (BEE SECURE Radar 2022, Sait 18) hu gewisen, datt d'Sammlung vu perséinlechen Donnéeën um Internet fir dës Zilgrupp e Risiko ass, dee si am meeschte beschäftegt. Dofir ass dëst Thema op jidde Fall bei de Kanner a Jonken an hirem Ëmfeld ze thematiséieren.

Nieft de villen Informatiounen zu alle méiglechen Theemen am Zesummenhang mat der digitaler Welt, déi den SNJ am Kader vu BEE SECURE schonn zanter laange Joren um Site [www.bee-secure.lu](http://www.bee-secure.lu) ubitt a stänneg ausbaut, z. B. fënnt een ënnert dem Thema „Mes données et moi“ méi Informatiounen dozou. Dernieft huet BEE SECURE och eng ganz Rei Publikatiounen zum Sujet, wéi ee seng Donnéeën eegeverantwortlech besser schützen kann.

Doriwwer eraus ginn all Joer fakultativ Sensibiliséierungsatelieren an de Schoulen organiséiert. 2021 goufen där ronn 1.200 ofgehalen. Ënnert deene Formatiounen kann een déi mam Numm „Une journée au milieu des données“ ervirhiewen, déi sech speziell u Schouklasseen ab 6<sup>e</sup> riicht a wou d'Sammlung vum Daten thematiséiert gëtt.

2017/2018, fir d'Afféierung vum der GDPR ze begleeten, hat BEE SECURE och eng speziell Sensibiliséierungscampagne ënnert dem Numm „Big Data – Wer macht was mit meinen Daten?“ bei de Jonke lafen.

Fir dat neit Schouljoer bitt BEE SECURE nach méi eng breet Offer un, ënnert anerem Sensibiliséierungscoursen am Fondamental ab dem Cycle 3 („Un saut dans la toile“, ...) an eng weider Formation continue zum Thema „Cybersecurity Essentials“ fir d'Schoulpersonal.

Et ass awer net nëmme mat der bekannter Initiativ BEE SECURE, datt d'Regierung dësem Risiko Rechnung dréit. Souwuel an der Grondschoul wéi och am

<sup>4</sup> Règlement (UE) 2016/679 du Parlement européen et du Conseil du 27 avril 2016 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données, et abrogeant la directive 95/46/CE (règlement général sur la protection des données), oder „DSGVO“ op däitsch.

<sup>5</sup> Loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques.

Lycée ginn et eng Rei Coursen, am Kader vun deene sech d'Schüler mat der Thematik vun der Datesécherheet auserneesetzen.

Am Fondamental gëtt dee Sujet z. B. am Cours „Vie et société“ an de Modullen zu den Domaines d'apprentissage „L'homme, la nature et la technologie“ a „Culture et communication“ behandelt. D'Afëierung vum Coding an der Grondschoul zanter September 2020 bitt natierlech och de passende Kader, fir d'Theema vun der Datesécherheet opzegräifen.

De Guide de référence pour l'éducation aux et par les médias (Mediekompas), deen am Mäerz 2020 lanciert gouf, ass en idealen Outil, fir mat de Schoulkanner um Theema ze schaffen, an hei ganz spezifesch am Domaine de compétence „Protection de données et sécurité“, wat eng vun de viséierte Kompetenzen ass: „Protéger les données personnelles et la vie privée“.

Am Secondaire steet de Sujet am Kader vum neie Fach „Digital Sciences“ (7<sup>e</sup> bis 5<sup>e</sup>) um Programm, besonnesch an den zwee Axes thématiques „Le World Wide Web et ses défis“ a „Les données informatiques et leur gestion“. Dës Theeme ginn an deenen dräi Schouljoren ugeschwat, an dobäi ginn d'Reflexiounen a Kompetenze schrittweis verdéift. Besonnesche Wäert gëtt op d'Plaz vum Mënsch a Relatioun mat der Digitaliséierung geluecht.

Schliisslech, a senger Kommunikatiounen, mécht BEE SECURE op d'Risiken, déi d'Deele vun Donnéeën, Fotoen oder Videoen op sozialen Netzwierker wéi TikTok mat sech bréngt, opmierksam (zum Beispill an de Sektoren „TikTok: Was Sie wissen sollten“<sup>6</sup> an „TikTok: Was Eltern wissen sollten“<sup>7</sup>, oder den Trainingscours mam Titel „TikTok, Instagram & Co. – Was machen Kinder und Jugendliche eigentlich derzeit online?“).

ad 3. Den Transfert vun Donnéeën vu Lëtzebuerg oder aneren EU-Länner an Drëttlänner (ausserhalb vun der Europäescher Unioun) gëtt strikt vum Kapitel V vum RGPD regléiert. Deemno, sou wéi och am Urteil C-311/18 „Schrems II“ vum Gerichtshaff vun der Europäescher Unioun erënnert gëtt, mussen d'Responsabel vum Traitement (an deem Fall TikTok Irland) virun all Transfert vu perséinlechen Donnéeën an en Drëttland (zum Beispill un d'Mammenhaus vun TikTok a China) den Niveau vun der Protektioun vun den Donnéeën vum Drëttland iwwerpräiwen. Wann den Niveau vun der Protektioun am betroffenen Drëttland net weesentlech gläichwäerteg ass mat deem, deen an der EU vum RGPD garantéiert ass (besonnesch, wann d'Europäesch Kommissioun keng „Adäquatitéitsentscheidung“ – „décision d'adéquation“ fir dat Land erausginn huet), da mussen d'Responsabel vum Traitement entspreche Garantiën ëmsetzen, falls néideg mat zousätzleche Garantiën, fir eng korrekt Applikatioun vun dese Garantië sécherzestellen, oder si mussen, falls et onméiglech ass, déi néideg Garantiën ëmsetzen, d'Transferten ënnerbriechen oder ganz ënnerloossen. Wéi an der Äntwert op d'Fro 1 erklärt, ass d'iresch Dateschutzautoritéit verantwortlech, fir d'Konformitéit vun TikTok Irland mat deenen Obligationen ze garantéieren.

**Bâtiments scolaires avec maison relais intégrée** | Question 6700 (23/08/2022) de **M. Jean-Paul Schaaf** (CSV)

De MENJE propagéiert eng integréiert Ausféierung vum Schoulbau mat Betreiuungsstrukturen am Primaire.

Elo ass et esou, dass fir d'Sécherheet bei de Maisons-relais den ITM via Kommodo zoustänneg ass, mat sengen Normen a Reegelen.

Wann eng Gemeng en integréiert Konzept, wéi vum Minister gewënscht ëmsetzt, muss fir deen Deel, wou Fonctionnaires dra schaffen (Schoul), awer d'Securitéit bei der Fonctioun publique (SNSFP) ugesidelt sinn. Déi Normen an Virschreite sinn net ëmmer deckungsgläich an de Bauhär ass da mat verschiddenen Interpretatiounen an der Koordination vum zwou staatlechen Instanze befaasst. Net ze vergiessen, datt och nach deels Reegele vum CGDIS derbäikommen.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Bildungsminister an dem Aarbechtsminister folgend Froe stellen:

1. Kënnen d'Ministeren eis dës Situatioun confirméieren?
2. Wa Säll, Deeler vum Gebai an Technik an Alentour vu Schoul- a vu Maison-relais-Personal gemeinsam oder ofwiessend benotzt ginn, wéi soll de Bauhär do virgoen?
3. Kann an deene Fäll och just eng Instanz de Bau begleeden an déi aner Instanz schléisst sech den Entscheedungen un?
4. Kann d'Regierung déi béid Instanzen encouragéieren, eng koordinéiert Approche fir dës Projeten auszeschaffen?
5. Kann eng aner Form vun Ënnerstëtzung fir d'Gemengen an dëser héich technescher an zäitintensiver Koordinationen entstoen?

**Réponse** (05/10/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

ad 1. Aktuell muss de Beräich vun der Schoul duerch de Service vun der Sécherheet am ëffentlechen Déngscht (SNSFP) ofgeholl ginn, während d'Inspection du travail et des mines (ITM) fir d'Sécherheet vun de Structures d'éducation et d'accueil pour enfants scolarisés (SEA) zoustänneg ass.

ad 2. De Bauhär sollt déi zwee Servicer fréistmëglech informéieren a souwuel mat der ITM wéi och mam SNSFP d'Sécherheetsfroen an d'Ufuerderungen ofklären. Detailler, wéi de Bauhär a sou engem Fall virgoe sollt, sinn an der Circulaire vum Educatiounsministère vum 15. Juli 2016 beschriwwen.

ad 3. Bei engem Neibau ass et momentan sou, datt déi zwou Instanzen, de SNSFP an d'ITM, vun Ufank un a bis zu der Mise en service vun deem Gebai musse mat agebonne sinn.

ad 4. D'Circulaire vum Educatiounsministère vum 15. Juli 2016 beschreift eng koordinéiert Approche, wéi ee bei engem Neibau oder beim Amenagement vun engem SEA an eng bestoend Schoul sollt virgoen. Eventuell Problemer bei der Ëmsetzung vun där Circulaire oder bei der Ausleeung vun de Gesetzer, Reglementer oder Prescriptiounen, déi unzewenne sinn, mussen bei deene verschiddene Projeten zesumme mat de concernéierten Acteuren, Fall fir Fall gekläert ginn.

ad 5. D'Servicer vum Staat, souwuel d'ITM wéi och de SNSFP, stinn de Gemenge gären zur Säit, fir si bei Sécherheetsfroen ze beroden. De Staat wäert och weiderhin d'Gemenge beim Bau vun neie Schoulen, Maison-relais an anere Schoulinfrastrukture finanziell ënnerstëtzen.

**Formation militaire des forces ukrainiennes** | Question 6704 (24/08/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Den Här Josep Borrell huet ugekënnegt, datt d'EU plangt, e militäreschen Trainingsprogramm fir ukrainesch Zaldoten an Nopeschlänner ze organiséieren. Dat huet de Chef vun der europäescher Baussepolitik anscheinend den 22. August an der spuenescher Stad Santander annoncéiert.

An deem Kader wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Ass d'Ukrain oder sinn d'USA un d'EU erugetrueden, fir esou e Programm op d'Been ze stellen? Vu wem ass déi Initiativ ausgegangen? Wéi soll dee Programm finanziert ginn? Wéi eng Envergure soll en hunn a wéi laang soll en daueren?
2. Wéi eng Roll géif Lëtzebuerg am Kader vun esou engem Programm iwwerhuelen?
3. Wéi eng Roll sollen déi europäesch Institutiounen an Organer dobäi iwwerhuelen a wéi eng rechtlech Grondlagen hu si heifir? Wéi eng Armée schaffen dee Programm aus, wéi eng setzen en ëm? A wéi engem Gremium ginn déi Aarbechte gemaach?
4. Groussbritannien, Kanada an d'USA bidden eises Wëssens schonn Ausbildungsprogrammer fir ukrainesch Kämpfer. Wäer et net méi sënnavoll, esou en Ausbildungsprogramm vun der NATO koordinéieren ze loossen, amplatz elo nach eng véiert Zort Ausbildung op d'Been ze stellen? Oder soll déi europäesch Initiativ méi eng spezialiséiert Ausbildung fir eng besonnesch Zort Truppe sinn?

5. Ass et politesch sënnavoll, d'EU nach weider ze militariséieren?

6. D'Geschicht weist, datt militäresch Beroder an Ausbilder dacks e weidere Schrack an enger verhängnisvoller Verwécklung an e Konflikt waren, déi dobäi emol net onbedéngt beabsichtigt war. Wéi schätzt Lëtzebuerg dës Gefor an? Ass esou en Trainingsprogramm net eng weider Verwécklung a Richtung vun enger oppener Krichsbedeelegung vun eisem Land?

**Réponse** (26/09/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | **M. François Bausch**, Ministre de la Défense

E militäreschen Trainingsprogramm zugonschte vun der Ukrain gouf schonns 2021 vu verschiddenen EU-Memberstaate proposéiert. Nom Ufank vum generaliséierte russeschen illegalen Ugrëffskrich géint d'Ukrain, am Februar 2022, huet d'Ukrain eng Rei vun Trainingsbesoinen ugemellt, zum Beispill während der Informelle vun den Defenseministernen zu Prag am August. Den Héije Vertrieeder vun der Unioun fir Aussen- a Sécherheetspolitik a Vizepresident vun der Kommissioun Josep Borrell hat kuerz virdrun d'Iddi vun engem EU-Trainingsmissioun lancéiert.

D'Missioun gëtt momentan an den zoustänneg Instanze vum Conseil vun der EU (COPS, Comité militaire, PMG) diskutéiert. D'Zoustëmmung ass ganz large, an d'Finanzéierung géif iwwert d'Budgetsinn vun der Gemeinsamer Sécherheets- a Verdeedegungsministerei (GSVP) assuréiert ginn, souwéi iwwert eng zousätzlech Mobiliséierung vun der europäescher Friddensfacilitéit. D'GSVP liwwert de rechtliche Kader, an déi virgesinnen Trainingsmodülle sinn déi folgend: Basistraining, Manövréieren op Unitéits- a Subunitéitsniveau, Organisation an Taktik, Feldmedezinn, Logistik a Genie, kombinéiert Formatioun fir Waffeninstrukteren, Cyber, CBRN-Protektioun, Maintenance a Reparatiounen. De Plang ass, fir ganz Brigade vun der ukrainescher

<sup>6</sup> <https://www.bee-secure.lu/de/news/tiktok-was-sie-wissen-sollten/>

<sup>7</sup> <https://www.bee-secure.lu/de/news/tiktok-was-eltern-wissen-sollten/>



Arméi op verschiddene Plazen an Europa – net an der Ukrain – auszebilden.

D'Missioun soll och op si fir Net-EU-Staaten an ass fir d'éischt emol geplangt fir zwee Joer.

#### **Déplacement forcé de mineurs ukrainiens | Question 6708 (24/08/2022) de M. Gusty Graas (DP)**

Selon des informations du Ministère de la Défense russe 307.000 mineurs ukrainiens auraient été déplacés par force en Russie depuis l'invasion de l'Ukraine afin d'éradiquer l'identité ukrainienne. Ces transferts se feraient vers des lieux comme Mourmansk, le Kamtchatka ou la frontière nord-coréenne. Les mineurs concernés risquent d'être adoptés par des familles russes, d'autant plus que des décrets signés récemment par le Président Poutine facilitent une telle adoption. Une loi votée le 7 juin permet à la Fédération de Russie d'ignorer les décisions de la Cour européenne des droits de l'homme. De surcroît, les enfants nés après le 24 avril dernier dans des territoires occupés par l'armée russe acquièrent automatiquement la nationalité russe.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Est-ce que M. le Ministre peut confirmer cette « russification » d'enfants ukrainiens ?  
– Dans l'affirmative, quelle est la position du Gouvernement luxembourgeois face à ce déplacement forcé de mineurs ?

2) Sachant que la Russie n'a pas ratifié la Convention de La Haye de 1993 sur la protection des enfants et la coopération en matière d'adoption internationale, comment les gouvernements européens et d'autres démocraties peuvent intervenir afin d'exiger de la Russie la libération des enfants déportés ?

3) Est-ce que cette violation grave de droits d'enfants ne constitue pas une raison supplémentaire pour justifier des sanctions encore plus sévères envers la Russie ?

4) Est-ce que, conformément à l'article II de la Convention pour la prévention et la répression du crime de génocide de 1948, cette déportation ne doit pas être qualifiée de génocide ?

#### **Réponse (26/09/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes**

ad 1) En effet, le 18 juin 2022, le Ministère russe de la Défense a déclaré que 307.000 mineurs ukrainiens ont été déplacés en Russie. Amnesty international ainsi que l'ONU ont confirmé que des civils ukrainiens ont été transférés vers la Russie par des camps de filtration dans les zones occupées.

Alors que les différentes agences de l'ONU se montrent préoccupées et le UNHCR a créé un « Regional Child Protection Sub-working Group » pour surveiller la situation des enfants et réfugiés mineurs dans le contexte de la guerre en Ukraine, aucune agence onusienne n'a affirmé disposer de preuves sur une éventuelle pratique systématique de déportation forcée d'enfants de la part de la Russie, notamment avec l'objectif « d'éradiquer l'identité ukrainienne ».

En raison du manque de transparence de l'information et de la restriction de la liberté de la presse en Russie, il ne nous est pas possible de vérifier ces chiffres ou d'enquêter sur la tentative russe de pratiquer « une russification » des enfants par un examen indépendant non plus.

ad 2) La Russie a signé la Convention le 7 septembre 2000, mais ne l'a ni ratifiée, ni accédé à celle-ci. Une

intervention ne peut donc être envisagée que par voie diplomatique ou politique.

ad 3) Jusqu'à présent, nous avons pris six paquets de sanctions contre la Russie au niveau européen, visant à saper la capacité du Kremlin à financer la guerre en Ukraine et d'infliger des coûts économiques et politiques patents à l'élite politique russe responsable de l'invasion. Récemment, nous avons soutenu la proposition de suspendre l'accord de facilitation de visas avec la Russie au niveau européen. Nous sommes ouverts à discuter un septième paquet de sanctions et notre politique de visa à l'égard de la Russie.

ad 4) Cette question est précédée de certaines questions juridiques qui doivent d'abord être soigneusement analysées : les termes de « déplacements forcés » ou « déportés » ne font aucune nuance entre les situations des victimes. Or, il existe une grande différence entre ceux qui ont dû fuir et qui n'avaient d'autre choix que de se déplacer vers l'Est et ceux qui ont été arrêtés, voire peut-être enlevés et mis dans des camps ou déportés de force.

Le constat est similaire concernant le concept des « enfants déportés ». Est-ce que le chiffre de 307.000 inclut ceux qui accompagnent leurs parents en fuite, des orphelins ayant perdu leurs parents pendant la guerre (mineurs non accompagnés) ou des enfants enlevés de force des institutions étatiques par les russes ? Comme il n'est pas possible de procéder à un examen indépendant des preuves ainsi que d'assurer une collecte de données fiable à l'égard des déportations supposées, une telle évaluation doit être reportée à plus tard lorsque le temps et les circonstances le permettent.

#### **Rémunération de collaborateurs externes | Question 6712 (25/08/2022) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**

Suite à des informations contradictoires concernant des collaborateurs externes du Ministère de l'Éducation nationale, auxquels des indemnités dues n'auraient pas encore été versées depuis le deuxième trimestre, en raison de l'épuisement du budget y afférent, j'aimerais savoir de la part de Madame la Ministre des Finances et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

– Le cas échéant, comment ladite situation a-t-elle pu survenir ? N'était-elle pas prévisible ?

– Est-il exact qu'une rallonge de crédits budgétaires ne peut être sollicitée qu'après l'épuisement des crédits concernés ?

– En quoi les vacances d'été peuvent-elles constituer un obstacle à la résolution de problèmes similaires ?

– N'existe-t-il pas de procédure visant à anticiper un éventuel dépassement budgétaire afin de prévenir un assèchement des moyens budgétaires ? Quelle est le cas échéant cette procédure ?

#### **Réponse (11/10/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances**

La guerre en Ukraine a engendré une augmentation considérable des besoins en personnel au sein des écoles internationales publiques. En effet, environ 1.300 élèves, réfugiés ukrainiens, ont dû être pris en charge, du fait notamment de l'obligation scolaire.

Afin de faire face à cette situation d'urgence, le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE) a engagé de nombreux collaborateurs externes dès le deuxième trimestre de l'année scolaire 2021-2022, sur base des crédits budgétaires de l'article « 11.1.12.000 – Indemnités pour services de

tiers » de la loi modifiée du 17 décembre 2021 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2022.

Toutefois, l'élaboration du budget pour l'année N est réalisée sur une base prévisionnelle et suit un calendrier budgétaire strict d'avril à mi-octobre de l'année N-1. En l'espèce, l'élaboration du budget alloué au MENJE pour l'année 2022 ne pouvait raisonnablement tenir compte de la survenance de la guerre en Ukraine ainsi que des conséquences y relatives.

Néanmoins, des adaptations du budget, qui doivent exclusivement porter sur des cas imprévisibles, sont possibles et une rallonge de crédits budgétaires peut être sollicitée. En l'occurrence, un dépassement des crédits votés pour l'année 2021-2022 est intervenu pour résoudre la situation. En raison du caractère imprévisible et volatil des développements liés à la guerre et à l'arrivée de réfugiés, le chiffrage des besoins supplémentaires s'est toutefois avéré particulièrement difficile.

Les vacances d'été n'ont pas constitué un obstacle particulier à la résolution de la situation d'espèce.

En effet, la demande de dépassement de crédit adressée par le MENJE au Ministère des Finances (MFIN) le 5 août 2022, soit dès que l'estimation relative au dépassement était réalisable, a été autorisée par le MFIN le 23 août 2022 sur base d'un avis émis le même jour par l'Inspection générale des finances.

La procédure mise en œuvre est celle du dépassement de crédit telle que prévue par l'article 66 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État pour les articles budgétaires qualifiés de « non limitatifs ».

#### **Bénévolat dans le cadre d'Esch2022 | Question 6721 (26/08/2022) de M. Fred Keup (ADR)**

2022 ass Esch, zesumme mat 18 Nopeschgemengen aus dem Minett („ProSud“) an aus Frankräich, Kulturhaaptstad vun Europa, eng Eier, déi sech Esch mat Kaunas (Litauen) an Novi Sad (Serbien) deelt. Am Virfeld vun deenen iwwer 2.000 Eventer vun Esch2022 goufe Benevoller („REMIXER“) gesicht, déi gezielt, zum Beispill a Seminären, op hir Aufgabe virbereet goufen. D'Organisateure vun Esch2022 hate kuerz virum offizielle Start vum Kulturjoer verrodde, datt si während dem Kulturjoer nach 1.000 zousätzlech Benevoller siche géifen. Um Site vun Esch2022 gouf preziséiert, datt dat haaptsächlech Leit aus der Regioun sollte sinn, well déi am beschten deenen „onzezielte Visiteuren“ hir Regioun erklären a méi no bréngen kéinten.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Madamm Kulturministesch:

1. Leien der Madamm Minister Zuele vir, wéi vill Benevoller bis elo ageballt goufen?

2. Kann d'Madamm Minister eppes zum Profil vun dese Benevoller soen (Geschlecht, Alter, Nationalitéit, Schoulausbildung asw.)? Wéi vill vun dese Benevoller stamen aus enger vun den 19 Gemengen, déi um Kulturjoer bedeelegt sinn?

3. Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi vill Seminären an aner Veranstaltungen ofgehele goufen, fir d'Benevoller op hir Aufgabe virzubereeden? Gouf do och Allgemengwëssen iwwer eist Land, beziéungswies iwwer Esch an d'Südregioun (z. B. Kultur, Politik, Geschicht) vermëttelt?

4. Goufen un d'Kandidate verschidde Konditiounen gestallt, fir kënnen als Benevoller ageballt ze ginn (z. B. Sproochkenntnesser)?

5. Si verschidde Kandidaten ofgeleent ginn? Wa jo, aus wéi enge Grënn?

**Réponse** (28/09/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture

ad 1. Virausgeschéckt, datt d'Benevolat als solches net enger Astellung gläichkënnt, hu sech bei der ASBL Esch2022 ëm déi 950 Persounen gemellt, fir d'Europäesch Kulturhauptstad 2022 ze ënnerstëtzen, wouvun-ner sech der eng 365 Persounen op eng aktiv Aart a Weis engagéieren.

ad 2. Quitte datt de Profil net ausschlaggebend ass, kann ee soen, datt d'Benevollen aus dem ganze Land kommen, verschidden Nationalitéiten hunn an datt den Duerchschnittsalter 30 Joer ass.

ad 3. D'ASBL Esch2022 huet fir déi Fräiwëlleg souwuel initial Informatiounsseancen organiséiert wéi och Formatiounen an aner Aktivitéite fir a mat der ganzer Benevole-Equipe.

An deene Kadere goufen, ënnert anerem, d'Konzept an d'Zilsetzung vun den Europäesche Kulturhauptstied erkläert, de Projet Esch2022 gouf a senge verschiddene Facetten detailléiert, an och wéi ee sech konkret abréngen kann, ob dat elo d'Projete vun der ASBL sinn oder d'Projeten, déi vun de Projektpartner organiséiert ginn.

An der Logik vun de Fräiwëllegen hiren Aufgabe goufen och nach aner Aspekter vermittelt, wéi zum Beispill den Accueil vu Leit mat besonnesche Mobilitéitsbesoinen, Éischt-Hëllef-Coursen asw. Anerersäits goufen awer och Visites guidées ugebueden, et gouf en Echange mat de Benevole vun anere Kulturhauptstied an och Momenter vu Konvivialitéit sinn net ze kuerz komm, insofern d'Pandemiegeschéien dëst erlaabt huet.

ad 4. Virausgeschéckt, datt d'Benevolat doranner besteet, datt eng Persoun fräiwëlleg an ouni Astellung seng Zäit, seng Kompetenzen a Kapazitéiten an den Dëngscht vun enger Saach stellt, goufen den interesséierte Persounen keng Konditiounen gestallt, fir d'Kulturhauptstad Esch2022 mat deem kënne ze ënnerstëtzen, wat jiddereen un Zäit a Kompetenzen matbruecht huet.

ad 5. An der nämmlecher Logik wéi an der viregter Fro ass och keng interesséiert Persoun ofgeleent ginn.

**Accidents en relation avec des poursuites policières** | Question 6722 (26/08/2022) de **M. Carlo Weber** | **M. Dan Biancalana** (LSAP)

Déi ënnerschiddlechste Ëmstänn kënnen dozou féieren, dass d'Beamte vun der Police eng Verfolgungsjued mussen aleeden. Duerch déi héich Vitessen an insgesamt d'Natur vun enger Poursuite besteet e Risiko, dass et zu Accidenter kënnt.

An deem Zesummenhang wëlle mir dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1. Wéi vill Accidenter sinn an de leschte fënnf Joer während enger Poursuite geschitt?

2. Wéi vill schwéier Blessure sinn op dës Accidenter zeréckzeféieren?

3. Wéi héich ass de Schued un de Policegefiere, deen all Joer duerch Poursuiten zustane kënnt?

4. Wie muss am Fall vun enger Poursuite informéiert ginn?

5. Muss eng Poursuite am Virfeld geneemegt ginn, respektiv kann eng Poursuite verweigert ginn?

6. Wa jo, vu wem a wat wieren d'Grënn dofir?

**Réponse** (06/09/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. bis 3. Bedéngt duerch déi niddereg Unzuel, déi Poursuiten am Total vun den Asätz vun der Police ausmaachen, gi keng spezifesch Statistiken iwwer Schued oder Accidenter bei Poursuite gefouert. Esou datt et onméiglech ass, déi gefroten Zuelen ze liwweren.

ad 4. Bei enger Poursuite muss kee vun der Police informéiert ginn.

ad 5. a 6. D'Decisioun, fir eng Poursuite anzeleeden an ofzebriechen, läit an éischter Linn am Ermiesse vun de Verfolgingsbeamten. Bei senger Appreciation muss de Beamten engersäits d'Gefor, déi vum verdächtige Chauffeur ausgeet (eventuell Strofdot, Barrage forcéiert, sech enger Kontroll entwunn asw.), an anerersäits d'Risiko fir de Stroosseverkéier mat abezéien.

**Manifestations dans le cadre d'Esch2022** | Question 6723 (26/08/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Am Kader vun Esch2022 ass et zu Diskussiounen komm doriwwer, wéi vill Veranstaltungen, déi bis elo stattfonnt hunn oder déi nach um Programm stinn, d'Predikat „Europäesch Kulturhauptstad-Event“ verdéngen a wéi vill der (ënner anerem Bezeichnung, awer an änlecher Form) souwiesou an deenen 19 „Kulturhauptstad“-Gemeinde stattfonnt hätten, quasi als traditionell Kultureventer an der Südregioun. Den Organisateure gouf reprochéiert, alles ze vereinnahmen, wat eigentlech nâischt direkt mat Esch2022 ze dinn hätt. Sou konnt een an der „Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek“ liesen (13.05.2022): „Fakt ist allerdings, dass es ein wenig billig anmutet, wenn jedes Konzert und jede Kulturveranstaltung, die es auch vor 2022 bereits jährlich wiederkehrend gab, als ein Event im Rahmen der aktuellen Feierlichkeiten vereinnahmt wird. Das Jazz-Festival in Düdelingen gibt es seit Jahren erfolgreich, genau wie die dortige Fête de la musique, das Blues-Festival in Differdingen oder die Nuit de la culture in Esch. Genauso ergeht es auch den bestehenden Wegen, auf denen rechtzeitig vor dem Kulturjahr der „Minett Trail“ angelegt wurde, oder dem Grubenmuseum in Rümelingen. Viele Konzerte, die in diesem Sommer endlich wieder unter normalen Umständen stattfinden können, sind teilweise aus dem Jahr 2020 hierher verschoben worden. Diese auch noch mit in das Paket zu schüren, wirkt dann vollends bizarr.“

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturministesch:

1. Kann d'Madamm Minister erklären, no wéi enge Krittikären een, onofhängeg vun der „REMIX“-Etikett, déi den Esch2022-Projeten ugepecht ass, als Kulturinteressierten erkenne soll, ob eng kulturell Manifestation (Concert, Ausstellung, Workshop, Performance asw.) am Kader vun Esch2022 stattfënnt oder eng Veranstaltung duerstellt, „die es auch vor 2022 bereits jährlich wiederkehrend gab“?

2. Kann d'Madamm Minister preziséieren, ob et an de ProSud-Gemengen, déi um Kulturjoer deelhuele, säit der Ouverture vun Esch2022 manner oder méi Kulturveranstaltungen wéi an de Jore virdu gouf? Wa jo, geet d'Madamm Minister dervun aus, datt dës Entwécklung mat Esch2022 zesummenhängt?

**Réponse** (13/09/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture

ad 1. Déi Projeten, déi am Kader vun Esch2022 stattfannen, sinn op der Internetsäit vun Esch2022 am Agenda ze fannen (<https://esch2022.lu/en/cultural-agenda/>).

Mat Verweis op d'Antwort op d'parlamentaresch Fro N° 6429 vum 30. Juni 2022 sief och nach emol präziséiert, datt d'Projeten, déi am Kader vun Esch2022 stattfannen, entweder vun der ASBL Esch2022 selber konzipéiert oder (an der Haaptsaach) opgrond vun engem Appel à projet selektionéiert goufen, dëst unhand vu geneeë Krittikären, déi der spezifischer Zilsetzung vun Esch2022 an de generellen Ziler vun der EU-Aktioun „Capitales européennes de la culture“ entsprechen. Zur zweeter Kategorie gehéieren och Projeten, déi net spezifesch fir Esch2022 ausgeschafft goufen, mee vun de jeeeweilige Projektträger am Kader vum Appel à projets deementspreechend adaptéiert goufen, fir d'Uleies an d'Kritikäre vun der Europäescher Kulturhauptstad an Uecht ze huelen, respektiv fir de Projet dëst Joer spezifesch op d'Iwwerleeunge vun Esch2022 auszeriichten. Well et sech bei enger europäescher Kulturhauptstad net ëm e Kulturjoer handelt, läit den Interessi vun esou Projeten och an der Kontinuitéit vun de jeeeweiligen Thematiken, déi se uschwätzen.

ad 2. De Kulturministère féiert keng Lëschten, wéi vill Kulturveranstaltungen pro Joer a Gemengen vun de lokale Verwaltungen oder soss Projektträger organiséiert ginn. E pauschale Verglach vun der Unzuel u Kulturveranstaltungen wier am Kader vun Esch2022 och net onbedéngt sënnavoll: Engersäits besteet d'Zilsetzung vun der Europäescher Kulturhauptstad net doranner, fir méiglechst vill Kulturveranstaltungen während dësem Joer opweises ze hunn, an anerersäits sinn d'Esch2022-Projeten – am Sënn vun der Saach – och esou ausgeluecht, datt déi meescht dovunner eng Unzuel vun aneren Aktivitéiten (z. B. Ateliers asw.) mat sech bréngen. Dëst ass sécher eng Entwécklung, déi mat Esch2022 zesummenhängt an och esou geduecht ass, ënner anerem par rapport zum participativen Usaz vun der Kulturhauptstad.

**Vente de terrains communaux aux fins de logements** | Question 6725 (29/08/2022) de **Mme Semiray Ahmedova** | **M. François Benoy** (déi gréng)

À travers la question parlementaire n° 5043, nous souhaitons connaître l'appréciation de Madame la Ministre par rapport à la décision de la commune de Helperknapp de mettre en vente de 55 terrains à bâtir viabilisés à Boevange, se trouvant dans sa propriété, pour un prix moyen par are de 80.000 €. Dans sa réponse, Madame la Ministre a répondu qu'il est fortement conseillé aux communes de ne pas céder leur patrimoine immobilier, d'avoir recours à l'emphytéose et de prévoir, en cas de vente de terrains, un droit de préemption en leur faveur.

À peine 10 mois plus tard, la Ville de Wiltz vient de lancer la vente de 102 terrains à bâtir à prix abordables, ayant entre 2,3 à 12,1 ares et situés sur un terrain que la Ville de Wiltz a acheté en 2018.

Dans ce contexte, nous souhaitons avoir les renseignements suivants de la part de Madame la Ministre de l'Intérieur :

1) L'approche de la Ville de Wiltz ne contrecarre-t-elle pas la politique du Gouvernement qui consiste notamment à agrandir le parc de logements publics, à vendre le cas échéant en emphytéose et avec droit de préemption en faveur de la commune ?

2) Est-ce que le projet de lotissement de la Ville de Wiltz prévoit l'emphytéose et/ou un droit de préemption ?

3) Madame la Ministre a-t-elle approuvé la décision du conseil communal de Wiltz du 21 juin 2022 et l'opération immobilière en question ?



**Réponse** (28/09/2022) de **Mme Taina Bofferding**,  
Ministre de l'Intérieur

Les modalités de vente fixées par le conseil communal de Wiltz dans sa séance du 21 juin 2022 et réceptionnées au Ministère de l'Intérieur en date du 17 août 2022 concernent exclusivement la vente de terrains correspondant aux lots 2 à 5, 7 à 48, 50 à 105 dans le lotissement « Op Heidert ».

En ce qui concerne la cession des lots énumérés ci-avant, la conclusion de baux emphytéotiques n'a pas été retenue par la commune, malgré la recommandation du Ministère de l'Intérieur, selon laquelle les baux emphytéotiques sont, en règle générale, à privilégier à la vente de terrains, et il ne ressort pas clairement du texte de la délibération présentée à mes services, si le recours au bail emphytéotique a été discuté au conseil communal comme un mode de cession alternatif. Ceci dit, et conformément au principe de l'autonomie communale, le conseil communal est libre de délibérer sur la cession éventuelle de terrains appartenant au domaine privé de la commune, pour autant que cette opération répond à un intérêt communal, conformément à l'article 28 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

En ce qui concerne plus particulièrement le droit de préemption, la commune s'est réservée dans certains cas de figure un droit de préemption conventionnel pendant une durée de dix ans.

Les modalités de vente, non sujettes à approbation, sont actuellement en cours d'analyse par mes services. En cas d'éventuelles illégalités ou de contrariétés à l'intérêt général ayant une incidence directe sur les transactions immobilières à conclure, la commune en sera informée.

**Cancer de la peau** | Question 6726 (29/08/2022) de  
**M. Claude Lamberty** | **Mme Carole Hartmann** (DP)

De Klimawandel an déi klimatesch Verännerunge suergen dofir, dass ëmmer méi UV-Stralung d'Ärdoberfläch erreecht. Duerch den Ëmschwung am Wieder halen sech och ëmmer méi Leit méi laang dobaussen op, fir vun der Sonn an de waarmen Temperaturen ze profitieren. Och bestëmmten Aarbechtsgruppe sinn duerch hir Tätigkeet haaptsächlech dobaussen.

Et ass gewosst, dass eng iwwerméisseg UV-Stralung d'Entsteeung vun Hautkriibs ka begünstegen. Domet gëtt den UV-Schutz ëmmer méi wichteg. Laut engem Artikel aus dem „Lëtzeburger Wort“ am Juni 2022 ginn et all Joer weltwäit 2–3 Milliounen Fäll vun Hautkriibs uechtert d'Welt. Hei zu Lëtzebuerg wier et déi meescht verbreeten Zort vu Kriibs. An Europa géifen d'Diagnose vum Hautkriibs sech all 10 Joer verduebelen.

D'Fondation Cancer huet dëst Joer hir Initiativ vun 2021 widderholl an op enge sëllege Plazen uechtert d'Land Sonnecrème-Spender opgestallt. Dëst fir nach eemol op d'Problematisierung an d'Geforen opmierksam ze maachen, déi villen Artikelen no nach ëmmer ënnerschat ginn.

An deem Kader wollt mir der Madamm Gesondheitsministresch, dem Här Minister fir sozial Sécherheet an dem Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung follgend Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll vun Hautkriibs goufen et iwwer déi lescht 20 Joer zu Lëtzebuerg? Ass en Trend no uewe feststellen?

2. Den Artikel 94.3 vum Code de la sécurité sociale beseet: « Peut être reconnue comme maladie

professionnelle une maladie non désignée dans le tableau, si l'assuré rapporte la preuve de son origine professionnelle. » Sinn et iwwer déi lescht 10 Joer Fäll ginn, wou Persounen aarbechtsbedéngt un Hautkriibs erkrankt sinn? Falls jo, wéi vill?

3. Wat gëtt gemaach, fir dës Leit virun engem Erkrankungsrisiko ze schützen?

4. Ginn all Erkrankungen vun Hautkriibs hei zu Lëtzebuerg erfaasst? Falls nee, wiso net?

5. D'Delaïen, fir en Dermatolog ze gesinn, zéien sech oft iwwer Méint. Munch Dokteren huelen och keng Urgenceterminer un. Vu dass Kriibs am beschten esou fréi wéi méiglech traitéiert gëtt, wéi kann eng schnell Prise en charge vun engem Patient assuréiert ginn?

6. Gëtt et nieft der Initiativ vun der Fondation Cancer och eege Pläng vum Gesondheitsministère, fir d'Leit an Zukunft iwwer d'Risiken ze informéieren, Präventionen ze leeschten a Mëttel zum Schutz bereetzestellen?

**Réponse** (30/09/2022) de **Mme Paulette Lenert**,  
Ministre de la Santé | **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

ad 1. D'Gesondheitsdirektioun huet keng Zuelen iwwer d'Unzuel vun Hautkriibsfäll an deene leschten 20 Joer. Sait 2013 gëtt all Kriibsaart am Registre national du cancer (RNC) erfaasst. De leschte Rapport national du cancer, an deem 66 nei Fäll vu Melanomen zu Lëtzebuerg diagnostizéiert goufen, gouf op Basis vun den Zuele vun 2013 publizéiert<sup>8</sup>. Bezüglech der Tendenz stellt de Registre national du cancer op Basis vu virleefegen Erkenntnisser keng Augmentatioun vun der Unzuel vun neie Fäll pro Joer fest.

ad 2. Der Gesondheitsdirektioun lieg keng Informatiounen iwwer aarbechtsbedéngten Hautkriibserkrankungen iwwer déi lescht zéng Joer vir. Allerdéngs si laut de Rapport<sup>9</sup> vun der Association d'assurance accident (AAA), d'Zuele vun aarbechtsbedéngte Krankheeten am Zesammenhang mat Hautkriibs folgendermoossen:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

ad 3. Et goufe verschidden ëffentlech Gesondheitscampagnen organiséiert, ënnert anerem am Kader vum Plan national cancer 2020-2024<sup>10</sup>. Dës Campagnë richte sech souwuel un den Aarbechtssektor wéi och un de Grand public.

Déi järelech Informatiounscampagne, déi d'Gesondheitsdirektioun an Zesummenaarbecht mat der Société luxembourgeoise de dermatologie ausschafft, berouen op zwee grouss Piliere:

- De Schutz viru Sonnestrale fërderen;
- Op e fréizäitegen Depistage sensibiliséieren.

Zu deene wichtegste Campagnen, déi op nationalem Niveau duerchgefouert goufen, gehéieren:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

ad 4. Laut dem Artikel 5 vum Règlement grand-ducal du 18 avril 2013 déterminant les modalités et conditions de fonctionnement du registre national du cancer et modifiant le règlement grand-ducal du 20 juin 1963 rendant obligatoire la déclaration des causes de décès gëtt all Fall vu Kriibs, deen zu Lëtzebuerg behandelt oder diagnostizéiert gëtt, vum Registre national du cancer enregistriert. An dat souwuel ob de Patient Resident ass oder Non-Resident ass.

Bei Hautkriibsaarten, déi keng Melanome sinn, ass et allerdéngs schwier, all Donnéeën ze erfaassen, well déi meescht Fäll ausserhalb vun de Spideeler, also a Privatpraxisse vun Dermatologen behandelt ginn an net all Fall eng histologesch Bestäteegung kritt.

ad 5. D'Gesondheitsdirektioun huet keng Informatiounen iwwer de Fleegeparcours an d'Waardezäite bei den Dermatologen. Allerdéngs ass et méiglech, dass souwuel d'Generaliste wéi och d'Aarbechtsdokteren sech un enger reegelméisseg Hautënnersichung vu Risikopatienten bedeelegen. Ausserdeem soll ee weiderhin d'Gesamtbevölkerung iwwer d'Prävention vun de Risiken duerch Sonnenstrahlung an UV-Strahlung opklären.

ad 6. Ënnert der Obhut vum Gesondheitsministère leeft zurzäit den zweete Plan cancer, deen d'Period 2020-2024 ofdeckt. Eent vun den Objektivier ass et, d'Prävention an d'Versuergung vun de Kriibspatienten ze verbessern.

**Réserves en gaz naturel devant les côtes chypriotes** | Question 6727 (29/08/2022) de **M. Gusty Graas** | **M. Max Hahn** (DP)

En Méditerranée, devant les côtes chypriotes, se trouvent d'importantes réserves en gaz naturel. Récemment de nouveaux gisements y ont été découverts, qui selon le président de l'Institut de l'énergie du sud-est de l'Europe (IENE) pourraient à terme représenter une alternative européenne à l'approvisionnement de gaz russe.

Or, l'exploitation de ces gisements est actuellement contrariée par la Turquie qui non seulement revendique ces réserves en gaz naturel, mais aussi s'oppose à toute tentative de trouver une solution commune avec la Chypre.

Dans ce contexte nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et à Monsieur le Ministre de l'Énergie :

1) Le Gouvernement est-il d'avis que les gisements en Méditerranée de l'Est pourraient contribuer à renforcer l'indépendance de l'UE vis-à-vis de la Russie en matière énergétique ?

2) Jusqu'à quand l'exploitation des gisements en question pourrait se faire ?

3) Existe-t-il des négociations au niveau de l'UE avec la Turquie afin de trouver une solution pour l'exploitation des gisements en question ?

**Réponse** (29/09/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

ad 1) Les gisements de gaz en Méditerranée de l'Est, y inclus les gisements découverts dans la zone économique exclusive de Chypre, représentent une ressource énergétique supplémentaire et complémentaire qui pourrait en principe contribuer à renforcer l'indépendance de l'UE en matière énergétique. En même temps, force est de constater que tout investissement important dans l'exploitation d'énergies fossiles risque de contribuer à un verrouillage technologique aux dépens des efforts consentis en matière de développement des énergies renouvelables et des objectifs du Pacte vert, notamment la neutralité carbone d'ici 2050.

ad 2) Le Gouvernement luxembourgeois n'est pas en mesure de se prononcer sur le calendrier des travaux envisagés pour la mise en place de l'infrastructure nécessaire.

ad 3) En mars 2015, un cadre de dialogue à haut niveau sur l'énergie a été mis en place entre l'UE et la

<sup>8</sup> Rapport national du cancer 2020, Ministère de la Santé ; pages 39 et 40.

<sup>9</sup> <https://aaa.public.lu/de/aaa/Rapport-annuel.html>

<sup>10</sup> Plan national cancer, Sait 77

Turquie. Les activités de forages unilatérales menées par la Turquie en Méditerranée orientale ont entraîné la suspension de ce dialogue.

**Disparitions de mineurs | Question 6728**  
(29/08/2022) de **M. Claude Lamberty | Mme Carole Hartmann** (DP)

Duerch d'Press grad wéi op de gängege soziale Medie gëtt d'Bevëlkerung ëmmer mol erëm op vermësste Persounen opmierksam gemaach a gefrot, Mathëllef ze leeschten a méiglech Informatiounen zum Verschwanne vun enger Persoun weiderzerechen. Eleng tëschent dem 22. an dem 26. August sinn dräi Mesagen erausgaangen, fir jonk Meedercher am Alter tëschent 13 a 14 Joer erëmzefannen.

Während d'Fotoe vun de Meedercher op Lëtzeburger Noriichtportal an op de sozialen Netzwierker kurséiert sinn, ware se um Site vun der Police an der Kategorie zu den Effentlechteitsfahndungen an de vermësste Persounen zwar och affichéiert, allerdéngs nëmmen, wann een de Site a franséischer Sprooch opgeruff huet.

Fir Fäll, an deenen d'Police bei engem Mannerjärege vun enger sougenannter „disparition inquiétante“ ausgeet, gëtt en AMBER Alert ausgeléist. Laut engem Bäitrag um Internetsite vun enger nationaler Radios- an Televisiounschaîne géif d'Administration judiciaire all Verschwanne vun engem Mannerjärege als beonrouegend consideréieren. Sait des Initiativ 2016 gegrënnt ginn ass, wier allerdéngs eréischt een eenzeg AMBER Alert ausgeléist ginn. Deemo waren och rezent Meldungen op deem Site net affichéiert.

An deem Kader wollte mir der Madamm Justizministersch an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Vermëssstemeldunge goufen et zu Lëtzebuerg iwwer déi lescht zéng Joer?
2. Wéi vill dovunner ware Mineuren?
3. A wéi vill Prozent vun de Fäll konnten d'Persounen erëmfonnt ginn, an a wat fir engem Zäitraum?
4. Wat sinn déi heefegst Grënn fir Disparitiounen?
5. Ginn den Internetsite vun der Police an de Site vum AMBER Alert am Fall vu Vermëssstemeldunge reegelméisseg a komplett à jour gesat?
6. Falls nee, wiesou net?
7. Um Site vun AMBER Alert kann een sech umellen, fir dës Alerten iwwer sozial Netzwierker ze kréien. Fannen d'Madamm an den Här Minister et effikass, dass de Public sech proaktiv fir dës Messagë muss umellen?
8. Wéi vill Leit si bis dato fir dës Meldungen enregistriert?
9. Wéi stinn d'Madamm an der Här Minister dozou, an all Fall vun enger Vermëssstemeldung Ecranen am effentlechen Transport anzesetzen, fir d'Sich no de vermësste Leit méi wäit auszebreden?
10. Ab wéini gëtt am Fall vun engem vermësste Mineur d'Kooperatioun mat Europol an Interpol lancéiert?

**Réponse** (04/10/2022) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. an 2. Déi folgend Tabelle ginn déi gefroten Zuelen un. Et ass ze bemerken, dass net all Vermëssstemeldung effentlech gemaach gëtt. De Choix vun enger effentlecher Vermëssstemeldung gëtt aus cas par cas tëscht Police a Parquet gekuckt.

(Tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 3. Et ass aus verschiddene Grënn net méiglech, konkret Zuelen unzeginn.

Éischtens tauche verschidde vermësste Persounen relativ séier erëm op, wat d'Famill, déi d'Disparitioun signaléiert huet, awer net der Police matdeelt. Dës huet awer weider keng Inzidenz op d'Policeaarbecht, déi ëmmer kloer Virgäbe bei enger Vermëssstemeldung follegt. De Suivi vun enger Vermëssstemeldung ass doduerch ëmmer assuréiert, a jee nodeems, wéi se agestuft ginn ass, kann et dann och zu enger Enquête judiciaire ënnert der Responsabilitéit vun de Justizautoritéite kommen.

Zweetens erméiglecht d'Datebank vun der Police et net, statistesch en direkte Lien tëschent de Vermëssstemeldungen an dem Rëmpfanne vun enger als vermësst gemellter Persoun hierzestellen.

Drëtzens gëtt den informatiesche System vun de Justizautoritéiten d'Reapparitiounen net ëmmer hier, vu datt d'Policerapporten, déi mentionéieren, datt d'Persoun erëmfonnt gouf, zum Deel un aner Rapporten annexéiert ginn.

ad 4. Dës Grënn kënnen ganz ënnerschiddlech sinn, esou datt et schwierig ass, eng kloer Tendenz ze identifizéieren.

Bei Mannerjärege handelt et sech oft ëm Fuguen a se kommen no 24-48 Stonnen erëm heem. A verschiddene Fäll verschwannen d'Mannerjärege wéinst Onwuelbefannen oder bei Konflikter am familiären Ëmfeld. All Fall gëtt der Police gemellt, de Parquet gëtt informéiert a Recherchë ginn an d'Weeër geleeet.

Bei Erwuessene kënnen d'Grënn och ganz divers sinn. Verschidde Persounen wëllen sech vun hirem Ëmfeld an hirer Famill distanzéieren, anerer hunn eng Bekantschaft gemaach, déi se nach net offizielliséieren wëllen. Schlussendlech gëtt et och nach de Fall vun eelere Persounen, déi hir Wunneng net méi erëmfinden.

Ausserdeem muss bemierkt ginn, datt, wann eng Persoun erëmfonnt gëtt an awer net wëll, datt hir Famill doriwier informéiert gëtt, d'Justizautoritéiten dës Wonsch respektéieren mussen. An deem Fall gëtt d'Famill informéiert, datt d'Persoun erëmfonnt gouf, mee et gi keng weider Informatiounen geliwwert.

ad 5. a 6. D'Police versicht bei effentleche Vermëssstemeldunge steets, dës esou gutt ewéi méiglech ze verbreden. E wichtegen a fiabele Partner stellt an dës Fäll d'Press duer, déi dofir suergt, datt d'Meldunge séier a wäit verbreet ginn. D'Police berëfft sech awer och op hir eegen Outilen. Dozou gehéieren niewent enger Pressematdeelung d'sozial Medien. Esou gëtt all effentlech Vermëssstemeldung op der Sait vun der Police op Facebook an Twitter publizéiert. Dës si bei Wäitem déi effizientst Outilen. Eleng op Facebook ginn an der Moyenne ronn 25.000 Leit mat enger Meldung erreicht. Den Internetsite vun der Police gëtt bei Wäitem net esou vill consultéiert wéi d'sozial Medien. Am Prinzip ginn awer all déi effentlech Vermëssstemeldungen op [Police.lu](http://Police.lu) publizéiert. Et waren effektiv net ëmmer alleguerten d'Meldungen parallel op der Police hirer englescher an däitscher Versioun visibel. Dës ass entre-temps awer assuréiert.

De Site vun AMBER Alert gëtt just dann à jour gesat, wann och en AMBER Alert ausgeléist gëtt. Am Prinzip geschitt dat bei engem vermësste Mineur, wou ee kann dovun ausgoen, datt d'Liewe vum Kand a Gefor ass. D'Decisioun, den AMBER Alert auszeléisen, gëtt vun der Police zesumme mam Parquet getraff.

ad 7. an 8. AMBER Alert bitt de Leit verschidde Méiglechkeeten, sech ze enregistrieren, dorënner d'Aschreiwung op eng Newsletter. Hei si momentan 1.188 Leit enregistriert. Dës Leit kréie bei engem AMBER Alert e Mail geschéckt. Och hei muss ee soen, datt d'sozial Medien awer méi effizient sinn. Gëtt zu Lëtzebuerg en AMBER Alert ausgeléist, kritt automatesch all Persoun op Facebook, déi hei am Land agelogg ass, ob Resident oder net, eng Notifikatioun, och wa se néierens enregistriert ass.

ad 9. Dës Mesure kéint am Prinzip en effikasse Moyen duerstellen, fir vermësste Persounen besser kennen erëmzefannen, vu datt d'Vermëssstemeldung esou potenziell méi Visibilitéit kritt.

ad 10. E vermësste Mineur gëtt nëmmen national an am Schengen Information System (SIS) signaliséiert („zur Fahndung ausgeschrieben“). Europol an Interpol ginn net direkt mat implizéiert. Et ass awer méiglech, de vermësste Mineur am Interpol System ze signaliséieren, wann et e Verdacht gëtt, dass d'Persoun sech ausserhalb vum Schengenraum kéint ophalen. Dës kann awer just gemaach ginn op Decisioun vum Parquet.

**Droit à un congé parental | Question 6730**  
(29/08/2022) de **M. Léon Gloden | M. Marc Spautz** (CSV)

D'après la Cour de justice de l'Union européenne (CJUE), le droit à un congé parental est « un droit social de l'Union qui revêt une importance particulière, lequel a, au demeurant, été inscrit à l'article 33, paragraphe 2, de la Charte des droits fondamentaux. Il s'ensuit que ce droit ne peut être interprété de façon restrictive. »<sup>11</sup> Dans cet arrêt, la CJUE a jugé contraire au droit européen, l'interprétation de la Caisse pour l'avenir des enfants qui subordonne « le droit à un congé parental d'un parent à la condition que celui-ci travaille au moment de la naissance ou de l'adoption de son enfant ». <sup>12</sup>

En vertu de l'article L. 234-43 du Code du travail, l'une des conditions pour bénéficier du congé parental est l'affiliation à la sécurité sociale « sans interruption pendant au moins douze mois continus précédant immédiatement le début du congé parental ». En outre, le salarié bénéficiaire doit être employé sous contrat de travail ou contrat d'apprentissage pendant toute la durée du congé parental. Aux termes de l'article L. 234-44, paragraphe 8 du Code du travail, le droit au congé parental prend fin lorsqu'une de ces conditions cesse d'être remplie.

Ainsi, suivant les dispositions légales précitées, une personne inscrite auprès de l'ADEM en tant que demandeur d'emploi et bénéficiaire de l'allocation chômage ne pourrait pas prétendre au congé parental, alors même que la condition d'affiliation auprès de la sécurité sociale pendant douze mois continus avant le début du congé parental serait remplie. De même, un salarié qui perdrait involontairement son emploi pendant la période du congé parental verrait son congé parental prendre fin immédiatement, sans possibilité de reporter la période restante du congé parental à une date ultérieure. À l'inverse, un salarié qui perdrait son emploi avant le début du congé parental, conserverait la possibilité de prendre le second congé parental pour le même enfant plus tard, une fois que les conditions légales soient de nouveau réunies.

La Chambre des Salariés a d'ailleurs déjà évoqué la problématique des « salariés qui subissent une cessation

<sup>11</sup> CJUE, XI c. Caisse pour l'avenir des enfants, 25 février 2021, aff. C-129/20, pt. 44

<sup>12</sup> Ibid, pt. 48



de plein droit de leur contrat de travail du fait d'une cessation des affaires de l'employeur, par exemple suite à la faillite de l'entreprise pendant la durée de leur congé parental. Du fait de la cessation du contrat de travail le congé parental prend fin sans qu'il soit arrivé à échéance. »

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration et à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

1) Madame et Monsieur les Ministres sont-ils d'avis que la condition d'avoir un emploi pendant toute la durée du congé parental est justifiée ?

2) Faut-il maintenir l'exclusion du congé parental aux personnes bénéficiant d'une allocation chômage ? Une suspension de l'affiliation auprès de l'ADEM et du paiement des indemnités chômage ne devrait-elle pas être envisagée afin de permettre à ceux ayant perdu involontairement leur emploi d'arrêter/suspendre leurs recherches d'emploi et se consacrer temporairement à l'éducation de leur enfant en bénéficiant du congé parental ?

3) Faut-il continuer à mettre fin, de façon anticipée, au congé parental pour les salariés qui viendraient à perdre involontairement leur emploi au cours du congé parental ? Dans l'affirmative, n'existe-t-il pas un risque de rupture d'égalité entre un salarié qui perdrait son emploi involontairement avant le début de son congé parental et celui qui perdrait son emploi involontairement en cours du congé parental ? Afin de pallier à une éventuelle inégalité de traitement injustifiée, une exception ne devrait-elle pas être prévue pour permettre aux salariés ayant perdu leur emploi pendant le congé parental, soit de maintenir le congé parental, soit de reporter à une date ultérieure la période restante du congé parental ?

**Réponse** (29/09/2022) de **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration | **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1) Conformément à l'article L. 234-43, paragraphe 1<sup>er</sup> du Code du travail, peut prétendre au congé parental, tout parent pour autant qu'il « est affilié obligatoirement à la sécurité sociale luxembourgeoise au moment de la naissance ou de l'accueil du ou des enfants à adopter et sans interruption pendant au moins douze mois continus précédant immédiatement le début du congé parental, soit au sens de l'article 1<sup>er</sup>, alinéa 1, sous 1) du Code de la sécurité sociale moyennant un ou plusieurs contrats de travail totalisant au moins dix heures de travail par semaine, soit au sens de l'article 1<sup>er</sup>, alinéa 1, sous 2) ou 10) du Code de la sécurité sociale » et qu'il « est occupé, en cas d'activité salariale, du chef d'un ou de plusieurs contrats de travail ou d'un contrat d'apprentissage pendant toute la durée du congé parental ». L'article 234-44, paragraphe 8 du Code du travail prévoit que « Le droit au congé parental prend fin lorsque l'une des conditions prévues à l'article L. 234-43 cesse d'être remplie », donc également lorsque cesse la condition d'occupation prévue à la disposition en question.

À cet égard, il y a lieu de préciser que la loi du 22 décembre 2006 portant entre autres modification de la loi modifiée du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales avait précisé que le bénéficiaire du congé parental doit être détenteur du contrat de travail pendant toute la durée du congé parental. La justification de cette précision réside dans la finalité du congé en question comme le précise le commentaire de l'article et du paragraphe correspondant. En effet, on y lira que « le

texte proposé comporte une précision supplémentaire indispensable pour garantir que la nature du congé parental soit respectée ». Or, cette nature avait déjà été clairement indiquée au moment de l'introduction de ce congé par la loi de 1999 précitée et elle consistait à favoriser la conciliation entre la vie professionnelle et la vie familiale.

Si le projet de loi portant sur la modification : 1<sup>o</sup> du Code de la sécurité sociale ; 2<sup>o</sup> du Code du travail ; 3<sup>o</sup> de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ; 4<sup>o</sup> de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux (doc. parl. n° 7828) opère des modifications dans les dispositions relatives au congé parental, il n'affecte toutefois pas cette condition tenant à la nécessité d'une occupation pendant le congé parental. En effet, le dispositif projeté est censé tenir compte d'un arrêt du 25 février 2021 de la Cour de justice européenne en supprimant la condition suivant laquelle le salarié doit être affilié à la sécurité sociale au moment de la naissance de l'enfant.

ad 2) Ces questions ne sont pas sujet de l'accord de coalition 2018-2023, cependant le Gouvernement est ouvert à discuter le sujet à la demande des partenaires sociaux.

ad 3) Il n'est actuellement pas prévu de prévoir une exception pour permettre aux salariés ayant perdu leur emploi pendant le congé parental, soit de maintenir le congé parental, soit de reporter la période restante du congé parental à une date ultérieure, ceci également en raison des difficultés pratiques qui seraient engendrées par une telle solution. En effet, en dehors de la question de la durée pendant laquelle un tel droit à un congé parental restant serait maintenu, se pose également la question si une telle condition pourrait être imposée à un nouvel employeur, sous peine de générer un effet néfaste sur le marché du travail (en effet, les employeurs concernés pourraient être récalcitrants pour engager des salariés qui ont encore un restant de congé parental). Force est de constater également que les deux salariés visés dans l'exemple des honorables Députés se trouvent dans des situations différentes dès le départ alors que l'un des salariés concernés ne bénéficie pas du congé parental au moment de la rupture de la relation de travail tandis que l'autre salarié en bénéficie au moment de la rupture.

**Modernisation des cérémonies civiles liées aux funérailles** | Question **6732** (29/08/2022) de **M. François Benoy** (déi gréng)

Les cérémonies civiles du mariage et du PACS bénéficient depuis le 1<sup>er</sup> juillet 2022 d'une adaptation légale aux fins de rendre leur célébration plus moderne, flexible et individualisée. Ainsi, le conseil communal d'une commune peut désormais déterminer d'autres lieux que la maison communale comme lieux de célébration des cérémonies civiles précitées.

L'accord de coalition 2018-2023 mentionnait également la modernisation d'autres cérémonies civiles et notamment que « l'ensemble des textes concernant l'inhumation, les sépultures, les cimetières et les funérailles seront revus ».

Dans ce contexte, je voudrais avoir les informations suivantes de Madame la Ministre de l'Intérieur :

1) Madame la Ministre a-t-elle déjà entamé les travaux de réforme des textes concernant l'inhumation, les sépultures, les cimetières et les funérailles ? Existe-t-il éventuellement déjà un ou plusieurs avant-projets de loi ?

2) Quels sont les éléments des cérémonies que Madame la Ministre prévoit de moderniser et quels sont les changements prévus ?

3) Quand est-ce qu'elle envisage de déposer les projets de loi afférents à la Chambre des Députés ?

**Réponse** (06/10/2022) de **Mme Taina Bofferdig**, Ministre de l'Intérieur

La modernisation des cérémonies civiles, prévue dans l'accord de coalition 2018-2023, a été entamée avec une ouverture des lieux propices à la célébration des mariages et partenariats civils (PACS). La loi du 8 juin 2022<sup>13</sup> a en effet permis de moderniser et d'individualiser lesdites cérémonies en permettant aux conseils communaux d'affecter des lieux autres que la maison communale à la célébration des cérémonies précitées afin de flexibiliser leur organisation. Une campagne nationale a été lancée pour informer les citoyens-ne-s des nouvelles possibilités qui s'offrent à eux.

Le Ministère de l'Intérieur entend poursuivre dans cette voie de modernisation et analysera, en collaboration avec le Département des cultes, afin de tenir compte de l'aspect religieux de certaines cérémonies funéraires, et avec le Ministère de la Santé pour ce qui concerne toute considération sanitaire, les pistes pour offrir des possibilités de pratiquer les différents rites funéraires reflétant l'évolution de la société luxembourgeoise dans les meilleures conditions possibles. Par ailleurs, je tiens à ajouter que le sujet a été abordé à l'occasion de l'entrevue qui a eu lieu le 5 octobre 2022 entre le Gouvernement et le Syvicol, lors de laquelle il a été retenu que ce dernier sera associé à l'analyse précitée, à l'étude d'une ou de plusieurs solutions régionales ainsi qu'à l'élaboration de recommandations aux communes.

Il y a toutefois lieu de préciser que, contrairement à la célébration des mariages et des déclarations de PACS, des procédures ou cérémonies légalement définies n'existent pas actuellement pour les funérailles, ce qui offre déjà une plus grande flexibilité pour leur organisation. Dans ce contexte, le ministère évalue également les possibilités de la réalisation en pratique de cimetières neutres.

**Médicament anticancéreux Trodelvy** | Question **6733** (30/08/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Trodelvy ass ee Medikament, wat bei Kriibspatienten agesat gëtt. Eisen Informatiounen no ass et ee Medikament, wat hei zu Lëtzebuerg enregistréiert ass an och schonn hei agesat gouf, wou een awer muss eng extra Demande areechen, fir et kënnen unzewenden.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch fir Gesondheet dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass Trodelvy zu Lëtzebuerg schonn zum Asaz koum?

2. Kann d'Ministesch erklären, wat fir Schrëtt ee Patient respektiv säin Dokter muss huelen, fir den Traitement mat dësem Medikament kënnen ze kréien?

3. Kann d'Ministesch erklären, firwat dës Schrëtt mussen geholl ginn, ier en Traitement ka gestart ginn?

**Réponse** (06/10/2022) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1. Bis zum 9. September 2022 huet d'Gesondheitsdirektioun hiren Accord zu zwielef Demandé fir

<sup>13</sup> Loi du 8 juin 2022 : 1<sup>o</sup> modifiant : a) le Code civil ; b) la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ; 2<sup>o</sup> abrogeant la loi modifiée du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19.

den Asaz vum Trodelvy ginn. Dës Demandé gi vu Spezialisten, déi habilitéiert sinn, den Trodelvy zu verschreiben an un ee Spidol rattachéiert sinn, gestallt.

ad 2. Wann d'Spezialisten ee Medikament, wat nach net kommerzialiséiert gouf, am Kader vun engem Usage compassionnel asetze wëllen, mussen verschidden Demarché lancéiert ginn. Et gëtt an deem Fall eng Prescription gemaach, déi vum Spidolsapdikter completéiert gëtt. Duerno muss en Avis vun der Gesondheitsdirektioun, respektiv vun der Division de la pharmacie et des médicaments ageholl ginn, dee via Formulaire vum Spidolsapdikter ugefrot gëtt. Dës Demande gëtt am Prinzip innerhalb vun zwee bis dräi Deeg traitéiert (oder den Dag selwer am Fall vun enger Urgence).

ad 3. Trodelvy ass zënter dem 22. November 2021 vun der Europäescher Kommissioun an allen EULänner autoriséiert an dat och zu Lëtzebuerg, wou dës Medikament zanter dem Ufank vun deem Joer eng Zouloossung huet. Den Titulaire vun der Autorisation de mise sur le marché (AMM), an deem Fall Halter, Gilead Sciences Ireland UC, huet de Gesondheitsminister Enn 2021 doriwwer informéiert, datt d'Mise effective sur le marché eréischt fir Enn 2022 geplangt ass.

Allerdéngs gouf d'Kommerzialisatioun vum Medikament op Ufank 2023 verluecht, well nach Modalitéiten zur Präisfixéierung gekläert mussen ginn.

Am Kader vun engem sougenannten „usage compassionnel“<sup>14</sup> ass et allerdéngs méiglech, ee Medikament anzesetzen, ouni datt nach en offiziell Präis festgeluecht ginn ass. Dës ass allerdéngs just méiglech am Fall vun enger Behënnerung, enger chronischer oder anerer schwéier liewensgefäerlecher Krankheet, déi just mat engem Medikament behandelt ka ginn, dat zu Lëtzebuerg net registréiert oder vermaart gëtt. Déi zwielef Asätz vum Trodelvy sinn an deem Kader geschitt.

Trodelvy kënnt als Monotherapie fir d'Behandlung vun Erwuessener mat onresectablem oder metastateschem triple-negativem Broschtkriibs (TNBC) zum Asaz, d'op d'mannst zwou systemesch Therapie kritt hunn, dorënner op d'mannst eng fir eng fortgeschratte Form vun der Krankheet.

Trodelvy kann och nëmme vu medezinneschem Personal verschriwwen ginn, wat am Domaine vun den Antikriibs-Medikamenten Erfahrung huet. Dës Medikament soll doriwwer eraus och nëmme administréiert ginn an engem Ëmfeld, wou eng Reanimationsméiglechkeet besteet.

#### Personnel de Luxair | Question 6734 (30/08/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Fir de 26. September ass eng Tripartite am Aviationsséktor virgesinn, fir iwwert d'Situatioun bei der Luxair ze schwätzen a Léisungen ze fannen. De Minister huet an engem RTL-Interview ugedeit, datt doriwwer wäert diskutéiert ginn, fir de Chômage partiel bei der Luxair net méi virunzeféieren.

An deem Zesammenhang wëllt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Fir wéi vill Persounen huet d'Luxair säit Mäerz 2020 Chômage partiel ugefrot (opgeléicht no Mount)?

2. Wéi vill Persounen huet d'Luxair detachéiert säit Mäerz 2020 (opgeléicht no Mount)?

3. Wéi vill Persounen goufe säit Mäerz 2020 entlooss?

4. Ginn et Fäll, wou op Positiounen vun deenen uewe genannte Gruppen duerch Externer ersat goufen? Wou zum Beispill eng Persoun vum Luxair-Personal am Chômage partiel war, hir Aarbecht awer duerch eng Persoun vun enger externer Firma iwwerholl gouf?

**Réponse (27/09/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

ad 1. D'Tabell en annexe weist d'Zuel vun de Leit, déi bei der Luxair vum Chômage partiel profitéieren. Et muss bemierkt ginn, datt zënter deem Summer nëmme Leit, déi strukturell an der Cellule de reclassement placéiert si fir 100 % vun hirer Aarbechtszäit, vum Chômage partiel profitéieren. Déi aner Luxair-Mataarbechter hate keng Chômage. Ze bemerken ass, datt all Chômage-partiel-Statistiken an „Équivalent temps plein“ ausgedréckt sinn.

Et muss een notéieren, datt ënnert den Agenten, déi vum Chômage partiel profitéieren, et „de manière structurelle“ aktuell 16 Leit ginn, déi vum ganze Chômage partiel betraff bleiwen oder deelweis oder ganz am Congé sinn. Vun der Lëscht vun 69 Leit, iwwer déi mer mam Staat en Accord fonnt haten, datt se laangfristeg sollen zrückgeholl ginn, sinn der 47 placéiert ginn, 15 bleiwen nach ze placéieren. Fir déi reschtlech 7 konnt eng Léisung fonnt ginn oder si hunn d'Luxair verlooss.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

ad 2. Dat 2. Dokument gëtt Detailler pro Mount, vun Detachementer zënter Mäerz 2020 (Prêt temporaire de main-d'œuvre). Am Ganze waren 153 Mataarbechter betraff.

*(Annexe à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

ad 3. Am Aklang mat de Konditiounen vum Plan de maintien dans l'emploi ass keng Persoun aus wirtschaftlecher Grënn oder wéinst der Reorganisatioun entlooss ginn, zënter datt dës Plang a Kraaft getrueden ass.

ad 4. All déi Leit, deenen hir Positioun temporär oder dauerhaft betraff war, an déi dowéinst Chômage partiel hu misse kréien an/oder an e „prêt temporaire de main-d'œuvre“ gesat goufen, sinn net op hirer Positioun ersat ginn.

Wat de Punkt zum externe Personal ugeet, huet d'Luxair e Serviceaccord mat enger externer Firma fir e sougenannten ACMI (Aircraft, Crew, Maintenance, Insurance) ofgeschloss. Dës fir zousätzlech Flich ofzedeecken, déi déi aktuell Kapazität vun der Luxair net erlaabt hätt. Déi Positiounen koumen also zousätzlech zum, an net amplaz vum aktuelle Personal vun der Luxair. Fir méi Detailler zum ACMI verweisen ech op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 5846 vum 2. Mäerz 2022.

#### Bande de jeunes « Dix-sept » | Question 6735 (30/08/2022) de M. Marc Spautz | Mme Martine Hansen (CSV)

Am „Luxemburger Wort“ vum 30. August 2022 gëtt de Fall vun engem 12-järegem Schüler beschriwwen, dee vun der ënner der Nummer „Dix-sept“ bekannter Jugendgang permanent terroriséiert gëtt. D'Konsequenz fir de Jong, awer och fir seng Famill sinn uerg. D'Leit kréien um Niveau vun der Schoul keng Hëllef,

si fille sech am Stach gelooss. Eréischt vun deem Moment un, wou si eng Plainte bei der Police maachen, kënnt Beweegung an den Dossier. Um Enn wiesselt de Jong an e Lycée an d'Ausland, fir kënnen nei unzefänken an ouni Angscht an d'Schoul ze goen.

An deem Kontext wëllt mir folgend Froen un d'Madamm Minister fir Justiz, un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un den Här Minister fir Education, Kanner a Jugend stellen:

1. Ass de beschriwwene Fall deene concernéierte Ministerie bekannt?

– Wa jo, gëtt et nach aner Fäll, vun deenen d'Ministere Kenntnis hunn?

– Wann net, wéi gedenkt d'Regierung op dës vun der Press opgegraffene Fall ze reagéieren?

2. Wéi eng Consignen hunn d'Lycées, fir op Fäll vu Mobbing a Gewalt an der Enceinte vun der Schoul an awer och um Schoulwee ze reagéieren?

3. Wéi vill vergläichbar Fäll sinn an de leschte Jore bei de Lycéedirektiounen, bei engem „Service psychosocial et d'accompagnement scolaires“, bei der Police oder soss enger Ulafstell gemellt ginn?

4. Wéi vill Kanner a Jugendlecher sinn aktuell wéinst Mobbing an/oder Gewalt duerch aner Schüler a psychologescher Behandlung?

5. Wéi eng Moosname plangt d'Regierung ze huelen, fir ze verhënneren, dass sech Fäll wéi dee vun deem 12-järegem Jong an de Lëtzeburger Schoulen heefen?

**Réponse (05/10/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure**

ad 1. De beschriwwene Fall ass der Police gemellt ginn an do leeft eng Enquête judiciaire. Am Kader vun dëser parlamentarescher Fro huet de Parquet nach op Nofro hi preziséiert, datt et weider Fäll ginn, déi och den Objet vun enger Enquête maachen. Deemno spillt de „secret de l'instruction“ an eleng de Ministère public decidéiert iwwer d'Opportunité, fir doriwwer ze kommunizéieren.

D'Regierung huet hir Positioun zu dëser Thematik schonn an den Äntwerten op déi parlamentaresch Froen Nr. 6534 an 6539 ausféierlech duergeluecht.

ad 2. Dat psycho-sozio-educatiivt Personal gëtt zanter Joren esou ausgebild, datt et ka Situatiounen vu Gewalt a Belästegung entgéintwuerken an Affer wéi och Täter encadréieren. Dës Approch gëtt ginn un d'Situatioun an d'Zilgrupp ugepasst a bestinn um Niveau vun der Preventioun wéi och vun der Interventioun.

– Informationscampagnen zum Thema Gewalt an Harcèlement, déi sech un déi ganz Schoulgemeinschaft richten;

– Sensibiliséierung a Preventioun um Niveau vun der Klass;

– Ënnerstëtzung fir d'Affer, gemeinsam Evaluatioun vun der Geforesituatioun, Ëmsetzung vu Schutzmoosnamen, Gestiou vum de Plainté bei der Justiz, psychologesche Ënnerstëtzung an Informatioun iwwer d'Rechter vun den Affer;

– Prise en charge vun den Täter, edukativ Projeten an Encadrement vum Schüler bei der Ëmsetzung vun den Disziplinarmoosnamen oder anere Sanktiounen.

Fir d'Gestioun vun de Plainté gëtt sech op dat nationaalt, vun alle Bildungsstrukturen benotzt Referenzdokument *Maltraitance de mineur – procédures à suivre* (Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Coordination interministérielle des droits de l'enfant Luxembourg, 2018) baséiert.

<sup>14</sup> L'usage compassionnel est défini à l'article 83 du règlement (CE) n° 726/2004 du Parlement européen et du Conseil du 31 mars 2004 établissant des procédures communautaires pour l'autorisation et la surveillance en ce qui concerne les médicaments à usage humain et à usage vétérinaire, et instituant une Agence européenne des médicaments.



ad 3. Ouni d'Verglächbarkeet vun der Situatioun virauszesetzen, an op Basis vun enger statistescher Ëmfro, déi am Schouljoer 2021/2022 duerchgefouert ginn ass, ass et méiglech anzuschätzen, datt am Duerchschnitt 1-3 Schülerinnen oder Schüler pro Woch de SePAS aus hirem Lycée kontaktéieren, fir Hëllef ze kréien am Kontext vun enger moralescher Belästegung wéi zum Beispill Mobbing, Cybermobbing oder problematesche Situatiounen am Zesummenhang mat Sexting oder sexueller Belästegung.

ad 4. Déi aktuell statistesch Erhiewunge vum CePAS maachen et méiglech, d'Zuel vun den Demandé vum de Schülerinnen a Schüler an de Lycéeën anzuschätzen. D'Servicer vun de SePAS gi systematesch op all Demande an a passen d'Ënnerstëtzung un déi fallspezifesch Bedierfnisser un. Doriwwer eraus ass de CePAS amgaang, e statistesch Instrument opzebauen, fir déi genau Zuel souwéi och den Detail vun der Ënnerstëtzung kënnen ze beschreiwen.

Och den ONE bitt psychologesch Betreierung un a geet systematesch op all Demande vu Kanner, Jugendlechen an jonken Erwuessenen an. Während den ONE d'Zuel vu sengen Hëllef statistesch erhieft, gi keng Statistiken iwwer de Grond vun der Prise en charge gefouert. Zousätzlech hu Jonker an Elteren natierlech och d'Méiglechkeet, privat eng psychologesch Betreierung ze organiséieren an tauchen dann a kenger staatlecher Statistik op.

ad 5. D'Moossnamen, déi d'Police an de Justizministère an deem Kontext ergräifen, si schonn ënnert dem Punkt 4 vun der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 6534 vum 22. Juli 2022 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup zum Thema „Happy Slapping“ opgezielt ginn.

Am Fall vu Gewalt mussen d'Schoulen handelen, andeems se d'Situatioun korrekt aschätzen an e cibléierten Interventionsplang erstellen. Fir d'Prozedur vum „Beschwerdemanagement“ an der Schoulgemeinschaft méi transparent a verständlech ze maachen, gouf e Konzept vun der „Bientraitance“ fir d'Lycéeën vum MENJE an Zesummenaarbecht mam CePAS entwéckelt, dat an de kommende Méint wäert virgestallt an ëmgesat ginn. Dës Instrument gesäit d'Affäre vun engem „Child Protection Officer“ vir an erlaabt et de Schülerinnen a Schüler, onkomplizéiert a sécher Gewaltsituatiounen ze revaléieren, bei deenen si Affär oder Zeie vu Gewalt gi sinn, ob se an der Schoul oder ausserhalb vun der Schoul stattfonnt hunn. Et geet heibäi dorës, fir d'Affär am SePAS séier ze ënnerstëtzen, gegebenefalls a Sécherheet ze bréngen an eng entspreichend Äntwert fir d'Täter parat ze hunn. Dësen Dispositif stellt och e pedagogesch Handbuch mat engem präzise Protokoll fir d'Revelatioun vu Belästegung a Gewalt fir déi Professionell an der Schoulgemeinschaft zur Verfügung. Eng Campagne fir d'Schülerinnen an d'Schüler an d'Elteren, déi dësen Hierscht lancéiert wäert ginn, soll iwwer hir Rechter informéieren, souwéi och iwwer déi professionell Servicer am Lycée, déi si am Fall vu perséinleche Schwieeregkeete schützen an ënnerstëtze kënnen.

Fir et de Schülerinnen a Schüler méi einfach ze maachen, hir Emotiounen zum Ausdrock ze bréngen an hinnen e passende Kader dofir ze bidden, leeft den Theaterprojet „Les Nuits d'Aurore“ a vereenzelte Lycéeën, virun allem mam Fokus op der Ëmsetzung vun den „espaces de parole régulés“, engem Klasserott, souwéi och dem Theaterforum mat Workshops fir Enseignanten a Schülerinnen a Schüler.

Zousätzlech ass den Educatiounsministère amgaangen, seng enk Kollaboratioun mat der Police an dem Parquet auszebauen, fir nach méi séier eng gemeinsam Äntwert op dësen a verglächbar Phänomeneer ze

fannen an esou eng méi cibléiert Prise en charge fir Affär an Täter ze erméiglechen.

### Concession en pharmacie | Question 6737 (30/08/2022) de M. Gilles Baum | Mme Carole Hartmann | M. Gusty Graas (DP)

Au Luxembourg, il existe deux possibilités d'obtenir une concession en pharmacie. Un pharmacien peut poser sa candidature pour l'attribution d'une concession d'État ou il peut acheter une concession privée.

La candidature pour une concession d'État est classée sur une liste en fonction de certains critères, dont entre autres l'ancienneté du diplôme et les années de travail effectuées.

À ce sujet, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

- 1) Les procédures et les critères sont-ils clairs et posent-ils de la sécurité juridique nécessaire ?
- 2) Combien de candidatures pour une concession d'État ont été déposées au cours des dix dernières années ? Combien d'entre elles ont été rejetées parce qu'elles ne remplissaient pas les conditions nécessaires ?
- 3) Combien de fois un recours a-t-il été introduit contre le rejet d'une candidature pour l'obtention d'une concession ? Combien de fois le plaignant a-t-il obtenu gain de cause et sur quelle base

### Réponse (07/10/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

ad 1) Les critères d'octroi sont énoncés dans la loi modifiée du 4 juillet 1973 concernant le régime de la pharmacie ainsi que dans le règlement grand-ducal modifié du 27 mai 1997 relatif à l'octroi des concessions de pharmacie.

ad 2) Le Ministère de la Santé ne dispose pas de données concernant les dix dernières années. Cependant, entre 2017 et 2021, 41 concessions de pharmacie étaient vacantes. Durant cette période, un total de 609 candidatures ont été déposées dont 595 candidatures étaient recevables.

ad 3) Entre 2017 et 2021 un seul recours a été introduit contre le rejet d'une candidature, mais le plaignant n'a pas obtenu gain de cause.

### Cancer du sein chez l'homme | Question 6738 (30/08/2022) de M. Gilles Baum | Mme Carole Hartmann | M. Gusty Graas (DP)

En Allemagne, environ 700 hommes développent un cancer du sein chaque année. Dans la plupart des cas, le cancer du sein dépend de l'hormone sexuelle, l'œstrogène. Un taux élevé d'œstrogènes constitue donc un risque pour les hommes. Cela peut notamment être dû à un surpoids important, à des maladies du foie ou à la prise d'hormones, par exemple lors d'un changement de sexe.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

- 1) Madame la Ministre dispose-t-elle de chiffres concernant les hommes atteints d'un cancer du sein au Luxembourg ?
- 2) Des mammographies sont-elles également effectuées chez les hommes au Luxembourg ? Dans l'affirmative, combien ?
- 3) Madame la Ministre juge-t-elle utile d'inclure les hommes présentant des facteurs de risque dans le

programme national de dépistage du cancer du sein, qui s'adresse actuellement aux femmes âgées de 50 à 70 ans ? Dans la négative, pour quelles raisons ?

### Réponse (27/09/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

ad 1) Dans le Rapport national du cancer 2020<sup>15</sup> publié par l'Institut national du cancer (INC), le nombre exact de cas incidents de cancers du sein pour l'année 2013<sup>16</sup> chez l'homme au Luxembourg n'est pas précisé car il est inférieur à 5. Le cancer du sein chez l'homme est rare et représente moins de 1 % de tous les cancers du sein.

ad 2) Entre 2017 et 2021, 80 à 100 mammographies par an ont été réalisées chez des personnes de sexe masculin.

Suite à une demande auprès de la Caisse nationale de santé (CNS), les différents actes remboursés par la CNS entre 2017 et 2021 par patient assuré de genre masculin se présentent comme suit :

(tableaux à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

ad 3) Un dépistage systématique, par exemple par mammographie, n'est pas justifié pour tous les hommes en raison de la rareté de la maladie. En effet un dépistage du cancer du sein adressé à tous les hommes n'aurait aucun effet sur la mortalité par cancer du sein, d'une part, et engendrerait d'autre part un nombre très élevé d'examens inutiles.<sup>17 18</sup>

Les hommes les plus à risque doivent être invités à être attentifs aux symptômes suspects qui pourraient survenir. En raison du petit volume des seins masculins, la palpation d'un nodule (souvent dur et adhérent à la peau ou au pectoral) est assez facile ; il peut également y avoir un écoulement, un eczéma chronique ou une rétraction du mamelon. Dans ce cas un avis médical doit être demandé. La mammographie et l'échographie doivent être réalisées par le radiologue sénologue en cas de clinique suspecte, avec une biopsie pour confirmation du diagnostic. En effet, des lésions bénignes sont également possibles (kyste, lipome, abcès...).

Le pronostic et les traitements sont comparables à ceux du cancer féminin et dépendent également du stade au moment du diagnostic.

### Vaccin contre le zona | Question 6739 (30/08/2022) de M. Gilles Baum | Mme Carole Hartmann | M. Gusty Graas (DP)

Des chercheurs américains ont constaté que le risque de contracter le zona était plus élevé chez les personnes de plus de 50 ans ayant subi une infection par le coronavirus.

En réponse à la question parlementaire 5140, les ministres ont indiqué en novembre dernier qu'un vaccin contre le zona, le « Shingrix », n'était pas disponible en quantité suffisante. Le Conseil supérieur des maladies infectieuses (CSMI) n'a donc pas été en mesure d'évaluer si le vaccin devait être inclus dans le plan national de vaccination.

À ce sujet, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

– Le vaccin Shingrix est-il désormais disponible en quantité suffisante ?

<sup>15</sup> <https://sante.public.lu/fr/publications/r/rapport-national-cancer-2020.html>

<sup>16</sup> <https://www.rnc.lu/Publications/Factsheets-épidémiologiques>

<sup>17</sup> A short guide to cancer screening: increase effectiveness, maximize benefits and minimize harm (WHO int.)

<sup>18</sup> Screening: when is it appropriate and how can we get it right. (WHO int.)

– Dans la négative, est-il possible de prévoir quand le vaccin sera disponible ?

– Dans l'affirmative, un avis du CSMI a-t-il déjà été demandé pour savoir si le « Shingrix » peut être intégré dans le plan national de vaccination ?

Le zona est provoqué par le virus varicelle-zona, qui reste généralement dans l'organisme à la suite d'une varicelle antérieure. Donc, la meilleure prévention contre le zona est la vaccination contre la varicelle.

– Depuis quand la vaccination contre la varicelle est-elle recommandée pour les enfants au Luxembourg ?

– À ce jour, combien d'enfants ont été vaccinés contre la varicelle ?

**Réponse (27/09/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

Le producteur du vaccin Shingrix vient de confirmer que le vaccin serait désormais disponible en quantité suffisante et ceci à partir du mois d'août 2022. Comme indiqué dans la réponse à la question parlementaire numéro 5140, un avis du Conseil supérieur de maladies infectieuses (CSMI) a donc été demandé à ce sujet.

Le CSMI a discuté de cette vaccination lors de ses réunions de juin, juillet et août et a rendu son avis final en date du 22 septembre 2022. À l'instar d'autres instances de pays européens (p. ex. la STIKO en Allemagne) qui ont édité des recommandations récemment, le CSMI recommande la vaccination pour les personnes de 65 ans et plus, à raison de deux injections de deux à six mois d'intervalle et pour tout adulte de moins de 65 ans en cas d'immunodépression (également schéma à deux injections).

Le programme national de vaccination des adultes est un programme conjoint de la Direction de la santé et de la Caisse nationale de santé. Il comporte actuellement les vaccinations contre la grippe et contre le pneumocoque. La Direction de la santé se concertera donc prochainement avec la CNS afin d'évaluer la possibilité, notamment sur le plan financier, d'inclure ce nouveau vaccin également dans le programme national.

Le CSMI a recommandé la vaccination universelle des enfants contre la varicelle en février 2009 lors de la mise sur le marché du vaccin combiné rougeole-rubéole-oreillons-varicelle, à l'âge de 12 mois avec un rappel à l'âge entre 15 et 23 mois. Le nombre exact d'enfants vaccinés depuis lors n'est pas connu, mais la Direction de la Santé dispose des chiffres de l'enquête sur la couverture vaccinale de 2018 qui montre que 86,9 % de la cohorte des enfants âgés de 25 à 30 mois au moment de l'enquête ont une protection complète (c.-à-d. ont reçu les deux doses) et que 91,7 % des enfants ont reçu au moins une dose de vaccin contre la varicelle.

Une nouvelle enquête de couverture vaccinale est prévue en 2023, en attendant que le carnet de vaccination électronique soit implémenté de façon généralisée permettant alors une information nettement plus précise et en temps réel sur les vaccinations reçues par la population des enfants et des adultes.

**Agressions par une bande de jeunes au Luxembourg | Question 6740 (30/08/2022) de M. Fred Keup (ADR)**

Den 30. August war innerhalb vu bësse méi wéi engem Mount am „Lëtzeburger Wort“ op en Neits e schockéierenden Artikel iwwer Gewalt bei Jugendlechen ze liesen. E jonke Bouf vun zwielef Joer konnt no engem brutalen Iwwerfall vun enger Gang, déi

an de selwechte Lycée geet wéi hien, mat Certificat médical siwe Wochen net an d'Schoul goen. D'Dot gouf gefilmt a souwuel am Bouf senger Schoul, wéi och an anere Lycéee verbreet. Seng Elteren hunn hien aus Sécherheetsgrënn all Dag misse mam Auto féieren, fir d'Rentrée wiesselt hien an d'Ausland. Souwuel de Bouf selwer wéi d'Famill kruten ëmmer rëm bedrolech Messagë vun der Gang geschéckt an et goufe souguer falsch Denonciatiounen bei der Police géint de Bouf virbruecht. Zween vun de betraffenen Täter goufe méttlerweil vun der Police festgehall an a Jugendhaft bruecht, déi aner si weider op fräiem Fouss a bretzen sech dem Artikel no an de soziale Medien weider mat hirer Muecht.

An deem Zusammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'Regierung allgemeng zu deenen am Artikel beschriwwene Fakten?

2. D'„Lëtzeburger Wort“ verweist drop, dass de betraffene Bouf, ëm deen den Artikel sech dréit, säi Fall och am CePAS vun der Schoul gemellt hätt, mee, dass hei keng weider Moosnamen ergraff gi wieren, well et sech net an der Schoul selwer ofgespillt hätt. Gesäit d'Regierung hei e Verstouss géint den Artikel 23 vum Code de procédure pénale, respektiv eng méiglech Non-assistance à personne en danger? Falls jo, mat wéi enge Konsequenzen hunn déi betraffene Membere vum Schoulpersonal ze rechnen? Gesäit d'Regierung doriwwer eraus weider Moosnamen vir, fir dass betraffenen Affer a sou engem schwéiere Fall automatesch besser duerch d'Schoulpersonal kënnen encadréiert ginn?

3. Souwuel hei, wéi och an engem änlech gelagerte Fall, deen de Juli an der Press thematiséiert gouf, hunn Affer an Täter sech aus der Schoul kannt. Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng Mesurë fir d'Rentrée op allen Niveauen en place gesat goufen, fir dass déi eenzel Autoritéite méi séier, effikass a koordinéiert kënnen agraifen an Affer besser geschützt kënnen ginn?

**Réponse (05/10/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice**

ad 1. D'Regierung verurteilt all Akt vu Gewalt an huet hir Positioun zu dëser Thematik schonn an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen Nr. 6534 a 6539 vum honorabelen Deputéierten, wéi och an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 6735 vum den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Marc Spautz duergeluecht.

ad 2. Mir sinn net an der Lag, d'Informatiounen, déi an der Press publizéiert goufen, kënnen ze confirméieren. Ënner anerem, well den dokumentéierte Fall sech net an enger ëffentlecher Schoul zougedroen huet. Doriwwer eraus ënnerläit d'Fro vum Verstouss géint den Artikel 23 vum Code de procédure pénale, respektiv vun der Existenz vun enger Strofdot, der Appreciatioun vun de Justizautoritéiten, déi der Kompetenz vun der Exekutiv entgeet.

ad 3. Och dës Informatioun kann net confirméiert ginn. Am Géigendeel, den aktuellen Informationsstand léisst dorop schléissen, dass déi concernéiert Jugendlechen aus ënnerschiddleche Regiounen vum Land stamen an sech net op eng oder méi Schoule konzentréieren. Déi Jugendlechen sti virun allem iwwer sozial Medien a Kontakt mateneen. Och d'Doten, déi deene Jugendlechen zur Laascht geluecht ginn, hu gréisstendeels ausserhalb vun der Schoul stattfonnt.

Et ass en Denkfeeler ze mengen, dass déi festgestallt Gewalt ënner deene Jugendlechen e Phänomeen vun der Schoul wier. D'Schoul ass e wichtege Liewensraum

vun deene Jonken, an deem si vill Zäit verbréngen. Dofir ass d'Problematik vun der Gewalt ënner Jugendlechen och eng, déi am Schoulëmfeld thematiséiert gëtt. Mee d'Schoul ass an aller Reegel e séchere Raum. Et ass net ëmssoss, dass genau deen Tëscheffall, deen an enger Schoul stattfonnt hat, an deen iwwer e Video an de soziale Medien gedeelt gouf, dozou gefouert huet, dass d'Täter opgeflu sinn a Poursuitten ergraff goufen.

D'Schouldirektioun huet den Dag selwer, wou si Kenntnis vun dem Gewaltvideo kritt huet, dësen der Police gemellt, déi hir Enquête opgehall huet. Grad well déi aner Tëscheffall an der Fräizäit ausserhalb vun der Schoul stattfonnt haten, huet et bis zu deem Zäitpunkt gedauert, bis dës Situatioun bekannt gouf.

Mir sinn eis bewosst, dass d'Schoul déi Plaz ass, wou vill Mësstänn, déi an der Famill oder an der Gesellschaft herrschen, visibel ginn. D'Kanner an déi Jugendlechen müssen an der Schoul déi Vertrauenspersoun fannen, déi et hinnen erméiglecht, sech unzevertrauen. Dofir wäert an deene kommende Méint och d'Konzept vun engem „Child Protection Officer“ an de SePASen ëmgesat ginn, fir de Schülerinnen a Schüler kloer ze maachen, wéi eng Hëllef si do kréien a wéi eng vertraulech Prestatiounen vun Ënnerstützung, Informatioun a Berodung hinnen an der Schoul zur Verfügung stinn.

**Arrêt de la Cour administrative dans le cadre de la loi concernant la protection de la nature et des ressources naturelles | Question 6741 (30/08/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)**

Wéi den 30. August an der Press ze liese war, huet d'Verwaltungsgericht den 20. Juli eng Decisioun vum Ëmweltministère annulléiert, déi et enger Koppel net erlaabt huet, eng Gebailechkeet an der Gréngzon liicht ëmzeänneren – et geet notament ëm d'Erhéijung vum Daach. D'Verwaltungsgericht verweist op den Artikel 11 a 16 vun der Verfassung an op den Artikel 1 vum Zousazprotokoll iwwer de Schutz vun de Rechter a Fräiheeten vun de Mënschen. An den Ae vum Verwaltungsgericht ass d'Proportionalitéit tëscht dem Naturschutz an – ënnert anerem – der Nohaltegkeet an dem Prinzipp vun der Befriedegung vu mënschleche Bedürfnisser net respektéiert. Dëse Prinzipp misst awer an deem Fall verfassungsméisseg garantéiert sinn.

De President vum Verwaltungsgericht huet an deem Kontext follgend Aussoe gemaach: „Mir versichen, iwwert déi streng Buschtawen och nach déi grouss Prinzippien afléissen ze loosseren, well déi stinn nach ëmmer driwwer. Do hu mir am Environnement den Artikel 11bis vun der Verfassung, dee seet, dass mer müssen en Equilibre schafen am Sënn vun der Durabilitéit an awer och, an dat ass ganz wichteg, am Sënn vun den haitege Generatiounen an deenen, déi nach wäerte kommen [...] Wann also an der Zone verte Gebaier stinn, déi schonn do waren, eier dat éischt Environnementgesetz 1965 kouw, an dacks souguer méi ewéi 100 Joer al sinn, dann hunn déi jo de Beweis gi vun hirer Nohaltegkeet an da kann een net zu deene Leit soen: Well kee vun Iech méi dee Beruff huet, deen e misst hunn, also Bauer oder Wënzer zum Beispill, duert Dir hei nëischt méi änneren, dat geet net. Den Nohaltegkeetsprinzip ass dann do méi staark wéi eng streng Reegel. D'Constitution an déi international Dispositiounen sinn da Meeschter.“

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi positionéiert sech d'Regierung zum Virwurf, dass déi verfassungsméisseg virgeschriwwen Proportionalitéit tëscht dem Naturschutz an – ënnert anerem – der Nohaltegkeet an dem Prinzipp vun der



Befriedigung vu mënschleche Bedürfnissen beim uewe genannten Urteil net respektéiert gouf?

2. Gedenkt d'Madamm Ëmweltministesch, déi restriktiv Ëmweltpolitik vun hirer Virgängerin – och wat d'Bauen an d'Renovéieren an der Gréngzon ugeet – weiderzeféieren?

3. Gedenkt d'Regierung, dat uewe genannten Urteil ze respektéieren an et där genannter Koppel elo ze erlaben, hir Gebailechkeet ëmzeänneren, oder wäert d'Regierung iwwert en anere Wee versichen, dëst ze verhënnere?

4. Wa jo, wéi wëll si dobäi konkret virgoen a wéi wëllen si dëst Virgoe rechtfertegen?

5. Ass mam uewe genannten Urteil an den Ae vun der Regierung net e grondsätzleche Paradigmewiesel fällig, wat d'Autorisatiounen beim Bauen a beim Renovéieren an der Gréngzon ugeet?

**Réponse** (22/09/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Et handelt sech hei ëm e Revirement vun der viregter Jurisprudenz vun den administrative Geriichter, deen och elo sou vun der Cour administrative, der héchster gerichtlecher Instanz, confirméiert ginn ass. Mir huelen dësen zur Kenntnis an akzeptéieren deen natierlech och.

ad 2. Déi rezent Jurisprudenz gëtt respektéiert fir all zukünfteg Decisiounen. Eng éischt Ännerung vum Gesetz mat enger weiderer Ouverture par rapport zum Ursprungstext vun 2018 ass jo och schonn an deem Freijoer gemaach ginn. An deem Esprit soll elo weider deru geschafft ginn. Et ass ugeduecht, éischt Ännerungsproposen nach dëst Joer ze presentéieren.

ad 3. a 4. D'Persounen, déi am konkrete Fall geklot haten, hu schonn eng Autorisatioun ausgestallt kritt.

ad 5. Den Arrêt vun der Cour administrative confirméiert jo, wat den Tribunal och scho gesot hat, an dat ass och scho virum 20. Juli 2022 an eis Iwwerleeungen agefloss. An déi Iwwerleeungen wäerte selbstverständlech och an déi zukünfteg Modifikatiounen vun dem Text vum Naturschutzgesetz afléissen.

.....  
**Parcs éoliens au Groenland** | Question **6742** (31/08/2022) de **M. Gusty Graas** | **M. Max Hahn** (DP)

Selon des chercheurs de l'Université de Liège, les côtes au sud-est du Groenland seraient particulièrement propices à la production d'énergie renouvelable. En effet, des parcs éoliens offshore dans cette région pourraient couvrir une bonne partie des besoins énergétiques de l'Europe.

Voilà pourquoi nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Énergie :

1) Le Gouvernement est-il au courant de projets concrets afin de construire des parcs éoliens dans cette région ?

2) Le cas échéant, le Gouvernement entend-il investir dans de tels projets ? Monsieur le Ministre peut-il fournir des informations supplémentaires à cet égard ?

3) Outre les investissements dans des îles énergétiques offshore au Danemark, dans quels autres projets énergétiques de grande envergure à l'étranger le Gouvernement compte-t-il investir afin d'accélérer la transition énergétique en Europe ?

**Réponse** (03/10/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministère de l'Énergie

ad 1) et 2) Les honorables Députés portent leur attention au potentiel (théorique) en énergies

renouvelables exploitable sous forme d'éolien offshore dans la mer du Nord, au sens large.

Mon ministère suit de près le développement de projets offshore concrets dans les mers du Nord. Dans le cadre de la North Seas Energy Cooperation (NSEC), la Norvège, la Suède, le Danemark, l'Allemagne, les Pays-Bas, la Belgique, la France, l'Irlande et le Luxembourg se concertent avec la Commission européenne de manière régulière et structurée. À noter que, depuis le 31 janvier 2020, le Royaume-Uni ne fait plus partie du NSEC. Le 12 septembre 2022, le NSEC a publié une déclaration avec l'ambition indicative commune de déployer 250 GW en 2050 (avec 76 GW en 2030 et 193 GW en 2040) dans les mers du Nord.

Certes un grand potentiel théorique (additionnel, par rapport aux projets concrets) en énergie renouvelable existe dans les mers du Nord et l'océan Atlantique, aussi le long du littoral du Groenland.

Cependant il faut considérer que

(i) la production d'électricité renouvelable est idéalement réalisée en proximité des centres de demande en énergie,

(ii) s'il n'est pas possible de développer des projets à proximité des centres de demande, il faudra transformer l'énergie en hydrogène et ses dérivés qui seraient ensuite transportés vers les centres de demande (p. ex. ports de la mer du Nord), et que

(iii) la réalisation de projets offshore rentables dépend largement de la profondeur des eaux, les éoliennes fixées au sol, typiquement à max 70 m de profondeur, constituant la technologie la plus mature.

ad 3) La coopération énergétique que j'ai initiée avec le Danemark se concentre dans une première phase sur le transfert de statistiques d'énergies renouvelables avec une contrepartie financière du Luxembourg. Ces fonds transférés au Danemark sont en effet destinés à la réalisation des grands projets offshore qui se connecteront de manière centralisée à une île énergétique artificielle, depuis laquelle l'énergie sera transportée vers le continent.

Par ailleurs, le Gouvernement va également suivre de près le développement des « îles énergétiques », notamment au Danemark.

En parallèle et à plus long terme, le potentiel des autres instruments de coopération prévus par la directive (UE) 2018/2001 du Parlement européen et du Conseil du 11 décembre 2018 relative à la promotion de l'utilisation de l'énergie produite à partir de sources renouvelables (refonte), dont notamment le mécanisme de financement de l'Union des énergies renouvelables (REFM) et les projets communs, est exploré. Mon équipe mène des échanges avec plusieurs États membres intéressés.

.....  
**Cours du gaz naturel** | Question **6743** (31/08/2022) de **M. Marc Spautz** (CSV)

D'Äerdgaspräisser un der hollännescher Bourse TTF sinn den 29. an 30. August zimlech däitlech erofgaangen. Leschte Freideg louch de Präis nach iwwer 350 Euro, an der Tëschenzäit läit en awer nees däitlech ënner der 300-Euro-Grenz.

An deem Kontext wëllt ech folgend Froen un den Här Minister fir Energie a Landesplanung stellen:

– Wéi ass d'Relatioun tëscht der ugekënnegter Präis-hausse vum Gas um Lëtzebuurger Marché an de Präisbeweegungen op der Bourse?

– Wéi erkläert den Här Minister d'Präis-Hausse vum Gas zu Lëtzebuerg par Rapport zur Präis-Baisse um internationale Marché?

– Wéi en Afloss hunn dës Präisschwankungen op eventuell weider Ënnerstützungsmoossname vun der Regierung?

**Réponse** (22/09/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministère de l'Énergie

1. Fournisseurs hu verschidde Méiglechkeeten de Gas fir hir Clienten anzekafen. Si kënnen engersäits direkt verhandelt Kontrakter mat Gasimportateuren ofschléissen oder op der Bourse akafen, wou Produiten zu verschiddenen Echeancen ugebueden ginn (z. B. fir e Joer, fir e Quartal oder fir den nächsten Dag). Fir Präisrisiken ze limitéieren a stabill Präisser kënnen unzëbidden, hunn d'Fournisseurs Akafstrategien, déi op enger Mëschung vu verschiddene Produiten, déi zu verschiddenen Zäite kënnen akaaft ginn, baséiert.

Doduerch ass et och ze erklären, dass de residentiell Gaspräis säit dem Ufank vun der Kris biswell däitlech manner geklommen ass, wéi d'Präisser op de Grousshandelsmarchéen, déi sech zum Deel verzéngfacht hunn. Kuerzfristeg Beweegungen op der Bourse hunn an der Reegel keen immediaten Impakt op déi residentiell Endclientspräisser.

2. Déi Präishaussé fir déi residentiell Endclients, déi vun den Gasfournisseurs ugekënnegt goufen, sinn eng Konsequenz vun den allgemenge Präishaussen, déi op alle Gasmarchéen an de leschte Méint ze gesinn waren. Déi vum éirewäerten Deputéierte genannte Baisse, déi den Dag no enger nach méi staarker Hausse ze verzechn war, hat keen Impakt op d'Präisbildung vun de Fournisseurs.

3. D'Ënnerstützungsmoossname vun der Regierung bezéien sech op d'Endclientspräisser. Entsprechend hanken dës vu mëttel- a laangfristegen Entwécklungen of, a manner vun der kuerzfristeger Präisvolatilitéit op kuerzfristige Marchéen.

.....  
**Impact de l'augmentation du prix des carburants sur le transport public** | Question **6744** (31/08/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

An de Froen N° 2732 an N° 5929 hunn ech mech scho beim Minister fir Mobilitéit iwwert d'Zukunft vun de Gas-Busse beim TICE an de Konsequenzen vun den héijen Energiepräisser informéiert. D'Situatioun huet sech säit dem Mee, wat dës Punkten ugeet, net verbessert. De Minister hat erkläert, dass et beim RGTR an dem TICE zu automatesche Budgetsupassungen weinst den Dreifstoffkäschte ka kommen.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froen stellen:

1. Wéi vill Mehrausgaben erginn sech beim TICE zurzäit duerch d'Erhéijung vun den Dreifstoffpräisser? Hunn sech d'Previsiounen aus der Äntwert N° 5929 geännert?

2. Wat fir konkret Schrëtt si virgesinn, fir d'Busser mat Gasuntrib beim TICE duerch emissionsfräi Busser ze ersetzen? War den Akaf vu Busser mat Gasuntrib eng Feelentscheidung?

3. An der Fro N° 5929 sot de Minister:

„Aleedend ass ze rappeléieren, datt de Staat sech un den Exploitatiounskäschte vum TICE bedeelegt andeems en sech un de Krittären orientéiert, déi am RGTR ugewannt ginn, dëst laut der aktueller Konvention tëscht dem Staat an dem TICE. Dat wat iwwer d'Krittäre vum RGTR erausgeet, geet zu Laaschte vun de Gemengen.“

Bedeit dëst, dass d'Mehrausgabe ganz vum Staat gedroe ginn, oder geet hei och ee Prozentsaz zu Laaschte vun de Gemengen?

4. Kann de Minister garantéieren, dass och bei weider steigende Präisser all d'Linne vum RGTR an dem TICE plangméisseg gefuer ginn?

**Réponse** (07/10/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. D'Previsiounen hunn sech säit der Äntwert op d'parlamentaresch Nofro N° 5929 fir den Diesel net signifikant geännert. Zum Zäitpunkt vun der Nofro am Mäerz war de Präis op der Pompel mat 1,4675 €/l HTVA quotéiert. Aktuell ass de Stand vum Präis op den 20. September gekuckt bei 1,5231 €/l HTVA op der Pompel. Den Dieselpreis fluktuéiert deemno op engem änlechen Niveau säit der parlamentarescher Nofro N° 5929 an entsprécht der Previsioun vum Mäerz 2022.

No der leschter Reunioen vum Comité de coordination tripartite konnt een Accord de principe festgehalen ginn. Dësen deckelt fir de Konsument de CNG-Preis op maximal 15 % vis-à-vis vum aktuelle Präisniveau, esou dass fir d'Estimatioun fir déi zousätzlech Präiskäschen aus der parlamentarescher Nofro N° 5929 nach emol 15 % méi ufalen. Vergläicht een d'Facture vun Dezember 2021 mat der Facture vun August 2022 an et berécksiichtegt een déi kommande Präishauss vu 15 %, stellt een en Delta vun zirka 40.000 Euro (HTVA) pro Mount fest.

ad 2. Am Joer 1995 huet den TICE d'Haaptroll iwwerholl an als éischten éffentlechen Transportbetrib, an Zesummenaarbecht mat Sudgaz SA, mam Bau vun enger Äerdgastankstell um Site vum TICE ugefaangen. Mat der Uschafung am selwechte Joer vu 7 äerdgasbedriwwene Busser vum Hersteller Mercedes gouf d'Äerdgasstrategie agefouert an huet och haut nach Bestand. Ëm d'Joerdausendwond a mat enger Unzuel vu ronn 26 Äerdgasbusser gouf d'Äerdgastankstell mat Sudgaz SA un d'Kapazitéitsupréich ugepasst a ganz erneiert. Duerch d'Vergréisserung vun der Flott duerch Äerdgasbusser gouf dann am Joer 2015 d'Äerdgastankstell nach eng Kéier ausgebaut.

Nach bis haut verfüügt den TICE iwwer déi eenzeg Äerdgastankstell a Lëtzebuerg a wäert och an de kommende Joren op d'Partnerschaft an Zesummenaarbecht mat SUDenergie bauen.

Beim TICE spillt de Gasbus eng wichteg Roll an ass momentan duerch 57 Solobusser a 5 Gelenkbusser an der Flott vertrueden.

Déi am Joer 2019 erneiert a sougenannte „Clean Vehicles Directive“ (CVD) forcéiert de Prozess vun der Emissiounsreduktioun am Bussektor. Dës Direktiv definéiert konkret Uschafungsquote fir konventionell, propper a virun allem emissiounsfräi Gefierer iwwer 2 Phase bis an d'Joer 2030.

Propper Gefierer kënnen Gas esouwei och Plug-in-Hybridbusser duerstellen, déi zwar kee komplett emissiounsfräien, mee dofir awer en emissiounsarme Betrib erlaben.

Wat et besonnesch hei ze präziséieren gëtt, ass, dass den TICE fir de Betrib vun emissiounsarme Gasbusser 100 % Bioäerdgas aus der Regioun bezitt, esou dass den Asaz vu Gasbusser als bilanziell klimaneutral gëllt an dëst zum Benefice vun eiser Natur a Bevëlkerung bäidréit.

Déi geopolitesch a geostrategiegesch Eventer, déi ugangs dëst Joer ugefaangen hunn a bestëmmt och net déi global wirtschaftlech Konsequenzen, déi d'Supermuechten ausspillen, konnten am Uschafungsprozess vu Gasbusser net mat berécksiichtegt ginn. Trotzdeem préift den TICE den Ament seng Ziler fir seng eege Busflott. Bis 2030 kéint dëst vollstänneg op alternativ Undriff (emissiounsarm an emissiounsfräi) ëmgestallt sinn, esou dass den Asaz vun Dieselbusser

iwwerflësseg gëtt. Den zukünftege Fuerpark kéint bis 2030 aus 35 % Batterie-, 15 % Brennstoffzellen-, a 50 % Gasbusser bestoen.

ad 3. D'Mehrausgaben, wat de Betrib vun den TICE-Linnen ugeet, ginn iwwer d'Konventioun vum Staat iwwerholl.

ad 4. Am Moment kënnen all d'Linne gefuer ginn an et besteet kee Risiko, fir Servicer anzustellen. Eng Garantie kann een net ginn – mir kënnen just soen, dass alles ënnerholl gëtt, fir d'Servicer unzibidden.

#### **Hausse des taux d'intérêts | Question 6746** (31/08/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

La hausse des taux d'intérêts sur les prêts accordés par les instituts bancaires à leurs clients commence à rapporter nettement plus à ces mêmes banques et coûter plus chère aux emprunteurs. Logiquement, la hausse des taux d'intérêts devrait aussi profiter aux épargnants.

– J'aimerais dès lors savoir de Madame la Ministre des Finances si, et le cas échéant, dans quelle mesure les banques ont également augmenté les taux d'intérêts en faveur des épargneurs.

#### **Réponse** (04/10/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

On peut toutefois renvoyer dans ce contexte aux statistiques publiées par la Banque centrale du Luxembourg (BCL), retraçant l'évolution des taux d'intérêt appliqués par les banques luxembourgeoises.

Pour les sept premiers mois de 2022, on observe, au niveau des dépôts, les évolutions suivantes :

- dépôts à vue (c.-à-d. des dépôts rémunérés ou non dont les fonds peuvent être retirés partiellement ou totalement à tout instant) : les taux d'intérêt pour ce type de dépôts sont restés substantiellement inchangés ;
- dépôts remboursables à préavis (c.-à-d. des dépôts non-transférables, sans terme convenu, et qui ne peuvent être convertis en espèce sans période de préavis) : les taux d'intérêt pour ce type de dépôts sont également restés inchangés ;
- dépôts à terme (c.-à-d. des dépôts bancaires qui ne peuvent être retirés qu'à l'échéance d'un certain terme, in casu, une échéance initiale inférieure ou égale à deux ans, et en échange desquels l'épargnant reçoit des intérêts) : la BCL constate une augmentation des taux d'intérêts pour ce type de dépôts, repassant à 0,11 % en juillet 2022, après cinq mois de taux inférieurs ou égaux à 0,05 %.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

#### **Secours aux animaux domestiques en cas d'incendie | Question 6751** (31/08/2022) de **M. Claude Lamberty** (DP)

En Hausbrand ass net just fir Mënschen, mee och fir Hausdéieren extreem geféierlech. Während vereenzelt Déiere wéi Hënn oder Kazen nach kënnen billen oder sech bemierkbar maachen, gëtt et aner Déieren a Klengdéieren, déi net op sech opmierksam maache kënnen.

An Artikelen bezüglech der Preventioun an der Hëllef, déi een engem Déier an esou engem Fall ka bidden, gëtt ënnert anerem op Noutfallsticker op Bréifkëschen opmierksam gemaach. D'Sticker mat de relevanten Informatiounen, bezüglech wéi vill a wat fir Déieren sech am Haus ophalen, géifen op d'Bréifkëscht vun engem Wunneng oder engem Haus

gepecht ginn. Esou wieren d'Pompjeeën informéiert, a kéinten, nieft dem Mënsch, och nom Hausdéier kucken.

An deem Kader wollt ech der Madamm Inneministesch folgend Froe stellen:

– Gëtt beim Brand vun engem Privathaus automatesch och no eventuellen Hausdéiere gekuckt?

– Existéiert e System zu Lëtzebuerg wéi beispillsweis en Noutfallsticker, deem d'Pompjeeën bei hirer Arrivée op Hausdéieren opmierksam mécht?

– Falls nee, gesäit d'Inneministesch esou ee System als opportun un, fir Hausdéieren ze schützen?

– Wat fir en Dispositif steet dem CGDIS zur Verfügung, fir verletzt Déiere bei engem Brand ze soignéieren?

#### **Réponse** (08/09/2022) de **Mme Taina Bofferdig**, Ministre de l'Intérieur

Als Éischt wëll ech dem Deputéierten den Artikel 1 vum ofgeännerte Gesetz vum 27. Mäerz 2018 iwwert d'Organisatioun vun der ziviller Sécherheet rappelléieren, dee seet: « La sécurité civile a pour mission la protection des personnes, des animaux, des biens et [...] ».

Am Fall vun engem Brand an engem Privathaus gëtt et dräi Situatiounen, déi sech stelle kënnen:

1. D'BewunnerInne vum Haus waren doheem a konnt sech mat Zäit a Sécherheet bréngen. An deem Fall informéieren d'BewunnerInnen d'Pompjeeën, ob eventuell nach Hausdéieren am Gebai sinn, an d'Pompjeeën gi se sichen.
2. D'BewunnerInne sinn nach am Haus. An deem Fall duerchsichen d'Pompjeeën systematesch all Raum a rette souwuel Mënsch wéi Déier.
3. D'Pompjeeën wëssen net, ob sech nach Leit oder Hausdéieren am Haus befannen. Och dee Moment gëtt eng systematesch Sich vun all de Raim an d'Weeër geleet.

Et ass mir net bekannt, ob et eng Initiativ mat Stickeren, wéi den Deputéierten se beschreift, zu Lëtzebuerg gëtt.

Wa kee Sticker op der Bréifkëscht pecht, kënnen d'Pompjeeën net per se dovun ausgoen, datt keen Hausdéier am Gebai ass, genausou weéneeg, wéi se dovun ausgoe kënnen, datt forcement en Hausdéier am Gebai ass, wann e Sticker op der Bréifkëscht pecht. Aus deem Grond, an och well d'Pompjeeën souwiesou bei engem Brand d'Raim vun engem Wunnhaus duerchsichen, gesinn ech keng Plus-value a sou engem System.

Bei Bedarf gräift de CGDIS op säi „Groupe de sauvetage animalier“ zréck, an deem och Veterinären aktiv sinn, fir blesséiert Déieren ze versueren.

#### **Tarifs des huissiers de justice | Question 6753** (01/09/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Mam Gesetz vum 4. Dezember 1990 iwwert d'Organisatioun vun den Dierwiechter an dem ofgeännerte Reglement vum 24. Januar 1991, ginn d'Präisser, déi Dierwiechter dierfe froen, festgehalen. Mir goufe verschidden Ofrechnungen vun Dierwiechter virgeluecht, déi Honnerten Euro héich waren. Aleng fir de „reçu à l'étude“ an d'„coûts de l'acte“ goufen an engem Fall 514 € verrechent – woubäi d'Schold selwer awer nëmmen 165 € héich war. Dës Rechnungen sinn natierlech schwéier ze bezuele fir déi Leit, déi scho kee Geld méi hunn, fir déi Rechnungen ze bezuelen, déi agedriwwen ginn.



An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Justiz dës Froe stellen:

1. Mussen d'Dierwiechter hir Bilane publizéieren?
2. Wéi vill verdéngen Dierwiechter an der Moyenne an engem Joer?
3. Ass d'Ministesch der Meenung, dass d'Montanten, déi am ofgeännerte Reglement vun 1991 festgehalen sinn, ubruecht sinn?
4. Ass virgesinn, dës Montanten no ënnen ze revidéieren?
5. Ass de Benefice vun de Bureaux d'études vun den Dierwiechter limitéiert?

Wann net, wat sinn d'Moyennen u Benefice pro Joer vun de Bureaux d'études vun den Dierwiechter?

**Réponse (05/10/2022) de Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice**

ad 1. Nee, d'Dierwiechter mussen keng Bilane publizéieren.

ad 2. De Justizministère huet dës Informatioun net.

ad 3. Jo. Dës Montante remuneréieren d'Prestatiounen vun den Dierwiechter.

ad 4. Nee, et ass net virgesinn, d'Montanten no ënnen ze revidéieren. Wéi am Punkt 3 präziséiert, remuneréieren déi Montanten d'Aarbecht vun den Dierwiechter.

ad 5. Ech verstinn d'Fro sou, datt mat „Bureaux d'études“, d'Etudé vun den Dierwiechter gemengt sinn. D'Dierwiechter si Fräiberuffler. D'Montanten, déi si fir verschidde Prestatiounen kënnen froen, sinn am ofgeännerte Reglement vum 24. Januar 1991 festgehalen. Hire Verdéngscht ass awer net vum Gesetz oder Reglement limitéiert. Wat d'Moyennen u Benefice pro Joer ugeet, do gëtt op de Punkt 2 verwisen.

**Écroulement d'un tunnel ferroviaire entre Wilwerwiltz et Kautenbach** | Question 6754 (01/09/2022) de **M. André Bauler (DP)**.

Duerch den Tunnel Kautebaach kann den Zuch de Moment aus bekannte Grënn net méi duerchfueren. Dat suert fir Opreegung am Éislek, well vill schaffend Leit, déi den Zuch huelen, fir domat moies fréi séier a bequiem an de Landeszentrum oder soss éierens ze kommen, net méi op dësen zeréckgräife kënnen.

Et gesäit dann och ganz sou aus, wéi wann de Broch am Tunnel Kautebaach net vun haut op muer aus der Welt geschaf ka ginn.

Aus deem Grond wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

– Ass ee Krisestaf ageriicht ginn, fir sech dëser Problematik an all hiren Dimensiounen unzuhuelen?

– Ass et virgesinn, fir verschidden Direktbusser nieft de klassesche Linnebusser anzusetzen, fir sou gutt wéi méiglech d'Leit a kierzester Zäit an d'Stad oder soss enzwousch ze bréngen?

– Ass geplangt, eng Informatiounscampagne ze lancéieren, fir déi betraffe Leit beschtméiglech ze informéieren, beziéungsweis si Biergerversammlung virgesinn, fir an dëser spezifescher Situatioun de Besoinen a puncto Mobilitéit vun de Leit aus dem ieweschten Éislek, déi betrafft sinn, Rechnung ze droen?

**Réponse (26/09/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

Direkt nom Äerdbruch am Tunnel Schieburg hunn d'CFL ëmfaassend Analysen organiséiert, déi et erméigleche wäerten, fir kënnen d'Ursaache vun

dësem Äerdbruch souwéi och den Zoustand vum Fiels iwwert dem Tunnel ze ermëttelen.

Während der Spärung vum Streckendeel tëscht Clierf a Kautebaach wäerte folgend Busser niewent den RGTR-Buslinien zum Asatz kommen:

– Een Direktbus tëscht Ettelbréck a Clierf pro Stonn a pro Richtung.

– Ee Bus um Trajet tëscht Kautebaach–Wëlwerwolz–Draufelt–Clierf pro Stonn a pro Richtung.

Den 13. September 2022 ass eng Pressekonferenz organiséiert ginn, fir d'Reesend vun der Linn 10 iwwert d'Alternativléisungen, déi während der Spärung vum Streckendeel tëscht Clierf a Kautebaach proposéiert ginn, ze informéieren.

Detailer zu de jeeweilegen Alternativléisungen kënnen bei enger Fuerplangrecherche op den Internetsäite vu [www.cfl.lu](http://www.cfl.lu) a [www.mobilité.lu](http://www.mobilité.lu) souwéi op den Applikatiounen CFL mobile a mobilité.lu opgeruff ginn.

**Ligne ferroviaire 10 (Luxembourg–Ettelbruck–Gouvy)** | Question 6755 (01/09/2022) de **Mme Martine Hansen | M. Emile Eicher | M. Aly Kaes | M. Jean-Paul Schaaf (CSV)**

E Samschdeg, de 27. August 2022, koum et am Tunnel „Schieburg“ tëscht Kautebaach a Wëlwerwolz op der Eisebunnslinn 10 (Lëtzebuerg–Ettelbréck–Gouvy) zu engem Tëscheffall, wéi et vun offizieller Säit geheescht huet. Duerch en Äerdbruch ass den Tunnel op enger Längt vu véier Meter mat Steng zougeschott an doduerch onpasséierbar. Fir den alldieglechen Eisebunnsverkéier bedeit dat, dass aktuell keng Zich op der sougenannter Nordstreck kënnen fueren.

An deem Kontext wëllt mir folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte stellen:

– Wéi laang wäert d'Nordstreck gespaart bliwen?

– Wëssend, dass déi provisoresch Ersatzbusse méi laang brauche wéi den Zuch, wéi eng Alternativléisung planzt den Här Minister – iwwer déi provisoresch Ersatzbussen eraus – en place ze setzen, fir de Passagéier vun der Eisebunnslinn 10 den Trajet um Deelstéck tëscht Ettelbréck a Gouvy sou komfortabel an esou effizient wéi méiglech ze maachen?

– Ass virgesinn, eng oder méi Express-Buslinie mat just e puer Arrëten anzusetzen, bis zur Reouverture vun der Zuchstreck?

• Wa jo, vu wéini un, mat wéi engem Trajet an a wéi engem Takt?

• Wann net, firwat net?

• Wéi eng aner Léisung proposéiert den Här Minister de Leit aus den nördlechen Regiounen vum Land respektiv deene Frontalieren, déi aus den nördlechen Grenzgebiddern mam Zuch op Lëtzebuerg schaffe kommen?

– Wéi steet den Här Minister enger méiglecher direkter Zuchverbindung tëscht Wolz an der Stater Gare géintwärt, fir den alldieglechen Trafik aus dem Norden an d'Stad ze entlaaschten?

**Réponse (26/09/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

D'Nordstreck tëscht Clierf a Kautebaach wäert bis op d'mannst den 11. Dezember 2022 zou sinn. Nom Ofschluss vun den Analysen am Laf vum Oktober 2022 wäert en definitive Planning vun den Aarbechte bekannt ginn.

Während der Spärung vum Streckendeel tëscht Clierf a Kautebaach ginn de Reesende vun der Linn 10 folgend Alternativen op der Schinn ugebueden:

– Um Trajet Lëtzebuerg–Ettelbréck–Kautebaach fiert ee Regionalexpress (RE) pro Stonn a pro Richtung, dee folgend Arrête bedéngt: Lëtzebuerg, Pafendall-Kierchbierg, Dummeldeng, Walfer, Miersch, Ettelbréck, Mëchela, Giewelsmillen, Kautebaach.

– Um Trajet Clierf–Élwen–Léck fiert een Intercity (IC) pro Stonn a pro Richtung.

– Um Trajet Lëtzebuerg–Ettelbréck–Dikrech fiert all hallef Stonn eng Regionalbunn (RB) pro Richtung, déi all Arrêt op dësem Trajet bedéngt.

– Vum 19. September 2022 u fiert een Intercity (IC) tëscht Lëtzebuerg an Ettelbréck pro Stonn a pro Richtung, dee folgend Arrête bedéngt: Lëtzebuerg, Pafendall-Kierchbierg, Miersch, Ettelbréck.

– Um Trajet Kautebaach–Wolz fiert eng Regionalbunn (RB) pro Stonn a pro Richtung. D'Arrête Mäerkels a Paradiso ginn op Demande vum Client hei bedéngt.

Fir den Apport op déi jeeweileg Zuchfaarten ze maachen, gi folgend Busser agesat:

– een Direktbus tëscht Ettelbréck a Clierf pro Stonn a pro Richtung,

– ee Bus um Trajet tëscht Kautebaach–Wëlwerwolz–Draufelt–Clierf pro Stonn a pro Richtung.

Do dernieft gëtt och op verschidden RGTR-Buslinien als Alternativléisung zeréckgegraff, déi zum Deel an enger verstärkter Kadenz fueren, a Park&Riden ageriicht:

– Ligne RGTR 174 Élwen–Housen (ab dem 19. September 2022): ee Service pro Stonn a pro Richtung, mat engem renforcéierte Service pro Stonn a Richtung Nord-Süd während de Spëttestonnen vum Moien, an a Richtung Süd-Nord während de Spëttestonnen vum Owend. Dës Linn bedéngt d'Park&Ridë vun Élwen-Gare, Maarnech an Housen.

– Ligne RGTR 170 Wäiswampech (Schmëtt)–Ettelbréck: ee Service pro Stonn a pro Richtung ausserhalb vun de Spëttestonnen an zwee Services pro Stonn während de Spëttestonnen. Dës Linn bedéngt d'Park&Ridë vu Maarnech, Housen an Ettelbréck-Gare.

– Ligne RGTR 179 Clierf–Ettelbréck (temporär ab dem 19. September 2022): ee Service pro Stonn a pro Richtung ausserhalb vun de Spëttestonnen an zwee Services pro Stonn während de Spëttestonnen. Dës Linn bedéngt d'Park&Ridë vu Clierf-Gare, Maarnech, Housen an Ettelbréck-Gare.

– Ligne RGTR 140 Élwen–Wëntger P&R–Wolz-Gare: ee Service pro Stonn pro Richtung mat Arrëten op de Park&Ridë Wëntger a Wolz-Gare.

**Transparence de la gestion et des finances du Kierchefong** | Question 6756 (01/09/2022) de **Mme Josée Lorsché | M. Marc Hansen (déi gréng)**

Les principes généraux et le règlement d'ordre intérieur du Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique créé par la loi du 13 février 2018, ci-après « Kierchefong », stipulent qu'en tant que gestionnaire de biens ecclésiastiques, le fonds et son patrimoine sont soumis au contrôle de l'Archevêché de Luxembourg conformément aux règles de droit canonique universel et particulier. Par ailleurs, la loi du 13 février 2018 mentionne en son article 7 que le Kierchefong doit être immatriculé au Registre de commerce et des sociétés (RCS) et qu'aux fins de cette immatriculation, il sera considéré comme établissement public. En conséquence, le Kierchefong est enregistré depuis le 7 mars 2018 au RCS sous le numéro J62.

D'après le droit comptable luxembourgeois, les comptes annuels de la plupart des sociétés commerciales et des succursales d'entreprises étrangères,

tout comme ceux des sociétés de personnes et des commerçants personnes physiques dont le chiffre d'affaires HTVA excède 100.000 euros doivent être déposés au RCS et sont donc accessibles au public. Afin de promouvoir la transparence, la consultation du RCS est d'ailleurs gratuite.

Or, il s'avère que malgré la mise en place d'un site Internet donnant accès aux documents de base relatifs au Kierchefong, ainsi qu'au règlement interne de 88 pages expliquant de manière détaillée son fonctionnement, les documents essentiels que constituent les rapports d'activité et les rapports financiers annuels n'y sont pas publiés. La consultation du Registre de commerce et des sociétés ne donne pas non plus satisfaction au public intéressé, car le Kierchefong n'y soumet que les modifications concernant le conseil d'administration.

Finalement il s'agit de noter que lors de diverses conférences de presse, les responsables du Kierchefong ont bel et bien présenté des chiffres sur le nombre d'immeubles ou encore le nombre d'hectares de terrain dont le fonds est propriétaire, mais qu'ils ont dès à présent omis de mentionner le chiffre global représentant l'entier patrimoine du Kierchefong.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Premier Ministre, Ministre des Cultes :

1) Pour garantir la transparence au niveau du Kierchefong en tant qu'établissement public, ce dernier ne devrait-il pas rendre publiquement accessible ses comptes par l'intermédiaire du RCS, à l'instar des règles de transparence en vigueur pour les sociétés commerciales ?

2) Est-ce que les comptes du Kierchefong sont soumis au Ministre des Cultes, soit de façon séparée, soit de manière à les intégrer aux comptes globaux de l'archevêché qui doivent lui être soumis selon les dispositions de la Convention avec le culte catholique ?

**Réponse** (28/09/2022) de **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | **M. Xavier Bettel**, Ministre des Cultes | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

ad 1) Le Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique, ci-après « le Fonds », dispose de par l'article 1<sup>er</sup> de la loi du 13 février 2018 sur la gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique, ainsi que sur l'interdiction du financement des cultes par les communes d'une personnalité juridique propre en tant que « personne morale de droit public ». Cette personnalité morale de droit public n'est pas de la même nature que celle d'un établissement public. Le Conseil d'État a d'ailleurs bien considéré dans son avis du 14 juillet 2017 que « le fonds constitue une personne morale de droit public sui generis, affranchi d'une tutelle étatique directe ».

Le fait de préciser, à l'article 7 de la loi prémentionnée, que le fonds sera considéré comme un établissement public aux seules fins de l'immatriculation de celui-ci au Registre de commerce et des sociétés (RCS) découle justement de la situation de « personne morale de droit public sui generis » du fonds que le législateur a voulu assimiler, pour les besoins de la cause, à un établissement public pour faciliter la seule démarche administrative d'immatriculation du fonds dans le RCS, car les dispositions relatives à l'immatriculation dans le RCS ne connaissent qu'une liste limitative de types de personnes juridiques.

D'autre part, une comparaison du fonds avec une société commerciale comme suggéré dans la question parlementaire en l'espèce n'est pas pertinente, premièrement, d'un point de vue purement juridique, puisque

le loi prémentionnée de 2018, votée endéans cette même législature, a expressément attribué une qualité de personne morale de droit public au fonds, et, deuxièmement, parce que l'objet du fonds n'est pas, comme pour les sociétés commerciales, de principalement faire des actes de commerce au sens de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales. La mission du fonds est clairement et limitativement définie à l'article 2 de la loi prémentionnée de 2018.

Il en découle que les dispositions régissant la comptabilité, et en particulier celles concernant la publication des comptes, inscrites dans la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le Registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises et modifiant certaines autres dispositions légales, ne sont pas d'application pour le fonds.

Finalement, et pour les raisons mentionnées précédemment, le fonds dispose de règles de comptabilité propres déterminées par la même loi prémentionnée de 2018.

ad 2) Il n'existe pas d'obligation légale dans le chef du fonds inscrite dans la loi prémentionnée de 2018 de fournir au Ministre des Cultes les comptes annuels consolidés du fonds.

D'autre part, les dispositions de la convention du 26 janvier 2015 entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et l'Église catholique du Luxembourg et de la loi du 23 juillet 2016 correspondante ne concernent que l'archevêché, qui dispose également d'une personnalité juridique propre et séparée du fonds.

Les comptabilités sont dès lors également séparées.

#### Échange d'informations fiscales dans l'Union européenne | Question 6757 (01/09/2022) de **Mme Josée Lorsché** | **M. François Benoy** (déli gréng)

Le droit européen prévoit l'échange d'informations fiscales entre États membres de l'UE. Le but en est d'éviter la fraude et l'évasion fiscales et leurs conséquences néfastes sur les recettes fiscales des États concernés. Ceci est d'autant plus d'actualité que les États sont contraints de mobiliser des fonds considérables pour soutenir les ménages et l'économie face aux prix énergétiques croissants et pour financer des investissements publics indispensables.

Dans un rapport publié début 2021, la Cour des comptes européenne a analysé l'échange d'informations fiscales dans cinq États membres, à savoir l'Espagne, l'Italie, Chypre, la Pologne et les Pays-Bas.

La Cour des comptes européenne conclut qu'il y a un manque de contrôle de qualité par les États membres des données relevant de la directive DAC1 et DAC2 avant qu'elles soient communiquées aux autres États membres. Par conséquent, ces informations peuvent être incomplètes voire inexacts. La Cour recommande donc aux États membres d'améliorer notamment le contrôle de qualité et l'exhaustivité des données, ainsi que de « mettre en place et appliquer des procédures pour le contrôle des établissements déclarants relevant de la directive DAC2 ».

En outre, la Cour des comptes recommande aux États membres de faire un meilleur usage des informations reçues. Ainsi, les États membres devraient entre autres « instaurer des procédures garantissant une analyse des risques systématique concernant les informations reçues des autres États membres ».

Alors que ces conclusions et recommandations s'adressent principalement aux cinq États membres précités,

la Cour des comptes européenne remarque qu'elles peuvent aussi s'appliquer à d'autres États membres.

Notons encore que les administrations fiscales luxembourgeoises ont traité 3 millions de rapports d'échange d'informations reçus ou envoyés en 2021 et que selon le rapport d'activités 2021 du Ministère des Finances, la qualité des informations fiscales échangées avec d'autres États membres devrait être améliorée par le nouveau programme Fiscalis 2027.

Dans ce contexte, nous voulons poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances :

1) Madame la Ministre partage-t-elle les observations et conclusions formulées dans le rapport prémentionné de la Cour des comptes européenne ?

2) Par quelles mesures concrètes le Luxembourg met-il en œuvre les recommandations formulées par la Cour des comptes européenne à l'égard des États membres ?

3) Les administrations fiscales luxembourgeoises effectuent-elles un contrôle de qualité et d'exhaustivité des informations fiscales échangées avec d'autres États membres ? Dans l'affirmative, en quoi consiste ce contrôle et comment a-t-il évolué au cours du temps ?

4) Les administrations fiscales luxembourgeoises effectuent-elles des analyses de risques systématiques concernant les informations reçues par d'autres États membres tel que recommandé par la Cour des comptes européenne ?

**Réponse** (07/10/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Dans leur question parlementaire, les honorables Députés demandent des renseignements quant à l'échange d'informations fiscales dans l'Union européenne dans le cadre du rapport publié début 2021 par la Cour des comptes européenne.

Vu que les recommandations formulées par la Cour des comptes européenne se basent exclusivement sur la situation dans cinq États membres, à savoir l'Espagne, l'Italie, Chypre, la Pologne et les Pays-Bas, il n'appartient pas au Ministère des Finances de commenter ces dernières.

Un groupe de travail dans le cadre du programme Fiscalis a toutefois été créé, au sein duquel le Luxembourg participe activement, pour donner suite aux recommandations du rapport. Ce groupe a comme finalité de préparer des visites sur place dans chaque État membre. L'objectif de ces visites est (i) d'analyser comment les États membres peuvent, si nécessaire, donner suite aux recommandations formulées, (ii) de permettre aux États membres d'identifier de bonnes pratiques, et (iii) de fournir des suggestions aux États membres pour mettre en œuvre des améliorations.

De manière générale, le Luxembourg s'engage activement dans des groupes de travail Fiscalis. Ainsi on peut citer un groupe qui portait sur la qualité de l'information échangée automatiquement, afin d'assurer une mise en œuvre adéquate et efficace de la directive sur la coopération administrative dans le domaine fiscal (2011/16/UE) (ci-après, « DAC ») et ses révisions subséquentes.

Les informations échangées relatives aux salaires et pensions des non-résidents sont collectées à partir des extraits de compte de salaire et de pension (ECSP) transmis à l'Administration des contributions directes (ACD) par les employeurs et caisses de pension. Les informations relatives aux tantièmes attribués aux non-résidents sont collectées à partir des déclarations de la retenue d'impôt sur les tantièmes déposés par les sociétés débitrices.



Avec l'introduction d'un échange automatique obligatoire de cinq catégories non financières de revenus et capitaux (DAC1), le Luxembourg a modernisé plusieurs procédures, dont notamment la transmission électronique des extraits de compte de salaire et de pension (ECSP) à l'ACD.

Depuis l'année d'imposition 2014, les employeurs et Caisses de pension sont tenus de remettre les ECSP de leurs salariés et pensionnés par voie électronique à l'ACD. Une démarche pour la transmission électronique des déclarations de la retenue d'impôt sur les tantièmes via MyGuichet a également été mise en place.

Les bureaux de la retenue d'impôt sur les traitements et salaires de l'ACD sont en charge, entre autres, de la vérification de la retenue d'impôt sur les traitements et salaires des employeurs ou caisses de pension et de la surveillance et gestion de la rentrée des fiches de retenue d'impôt. Ils assurent ainsi que les informations échangées en matière de salaires et pensions soient complètes et correctes. En matière de tantièmes, cette mission est effectuée par les bureaux d'imposition des sociétés.

Le module de validation DAC1 fourni par la Commission européenne est également utilisé avant l'envoi des informations aux États membres. Tous les codes d'erreur standard et les règles de validation décrits dans les spécifications DAC1 ont été mis en œuvre.

En ce qui concerne l'échange automatique et obligatoire des renseignements relatifs aux comptes financiers (DAC2), l'ACD dispose d'un outil informatique permettant la réception et la validation automatique des informations. Cet outil est adapté au fur et à mesure afin de tenir compte de nouveaux besoins.

Des codes d'erreur et les règles de validation décrits par les spécifications DAC2 ont été mis en œuvre. Le module de validation DAC2 fourni par la Commission européenne est également utilisé.

De plus, une analyse métier des données transmises par les institutions financières est effectuée pour garantir l'exhaustivité des informations et pour détecter d'éventuelles incohérences importantes dans le volume ou les montants avant de les envoyer aux États membres.

L'ACD dispose d'une stratégie propre en ce qui concerne les activités de mise en conformité relatives à DAC2 pour s'assurer que les institutions financières déclarantes se conforment à leurs obligations. Cette stratégie, et les procédures y relatives, sont continuellement mises à jour afin de tenir compte des exigences évolutives, tant sur le plan national qu'international.

Tel qu'il résulte de l'annexe du rapport d'activité du Ministère des Finances de l'année 2021, le bureau de la retenue d'impôt sur les intérêts a effectué 181 contrôles afin de vérifier que les institutions financières respectent les obligations de déclaration et de diligence raisonnable qui leur incombent en vertu de FATCA1 (Foreign Account Tax Compliance Act) et de la DAC2 et a adressé 2.630 rappels (portant sur les années fiscales 2019 et 2020) aux institutions financières ayant omis de communiquer dans les délais leurs rapports sous FATCA et/ou la DAC2. Le bureau a fixé 177 amendes d'un montant total de 440.650 euros et 38 astreintes d'un montant total de 215.000 euros dans le cadre de ses missions de contrôle sous FATCA et la DAC2.

À cela s'ajoute que l'ACD publie et tient à jour des lignes directrices sur son site web qui détaillent et précisent les aspects techniques (schéma XSD, guide d'utilisation) et juridiques (FAQ) spécifiques aux différents types d'échange automatique.

Une application informatique facilitant l'exploitation des rapports DAC1 et DAC2 reçus par les bureaux d'imposition compétents a été mise en place. Lors d'une phase préparatoire, les rapports reçus depuis 2015 ont été classés dans les dossiers des contribuables. Puis une phase pilote a permis de valider les procédures de travail. Les accès sont ouverts à tous les bureaux d'imposition des personnes physiques et d'autres services de l'ACD. D'autres informations reçues automatiquement dans le cadre de la DAC sont utilisées, dans des cas isolés, pour des besoins de l'analyse de risque.

## Pénurie d'enseignants dans l'enseignement fondamental | Question 6760 (02/09/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

An der Grondschoul feelt et weiderhin u genuch Léierpersonal. Well net genuch „brevetiert“ Léierinnen a Schoulmeeschteren disponibel sinn, gëtt och fir d'Schouljoer 2022/2023 op „Quereinsteiger“ (Déten-teurs d'un bachelor en relation avec un des objectifs de l'enseignement fondamental) zréckgegraff.

An deem Kontext wëllt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

1. Wéi vill nei Poste sinn dëst Joer an der Grondschoul besat ginn?
  - Wéi vill dovun vu qualifizierten Enseignanten?
  - Wéi vill dovun vu Quereinsteiger?
  - Wéi eng Ausbildung haten dës Quereinsteiger?
  - No wéi enge Critère ginn d'Quereinsteiger erausgewielt, wa méi Kandidaten do sinn ewéi Posten a wie mécht déi Selektioun?
2. Zu wéi engem Zäitpunkt kréien d'Kandidate Bescheid gesot?
  - Kréien si bei enger Ofso och eng detailléiert Argumentatioun?
  - Wann net, firwat net?
3. Wéi vill Ausbildungsplaze gëtt et aktuell fir de „Bachelor en sciences de l'éducation“ op der Uni Lëtzebuerg?
4. Wéi wäit sinn d'Verhandlungen tëschent dem Ministère an der Uni, fir dës Unzuel an d'Luucht ze setzen?
5. Wéi vill Studente kënnen fir dat nächst Ausbildungsjoer ugeholl ginn?

**Réponse (07/10/2022) de M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Fir d'Schouljoer 2022/2023 goufen insgesamt 289 nei Enseignantë rekrutiert. D'Opdeelung ass déi heiten:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)*).

Fir all weider Informatiounen verweisen ech am Kontext vun dëser Fro op meng Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 6677 vun den honorabelen Deputéierte Josée Lorsché an Djuna Bernard.

ad 2. Während der Rekrutierungsphas versammelt sech d'Kommissioun, déi fir de Rekrutement vun de Kandidaten mat engem Bachelor, deen a Relatioun mat engem vun den Objektivum vum Enseignement fondamental steet, zoustänneg ass<sup>19</sup>, reegelméisseg, fir déi agerechten Dossieren ze analyséieren.

An dësem Zusammenhang ginn d'Kandidaten esou séier ewéi méiglech an no der jeeweileger Kommissiounssetzung iwwert d'Decisioun zu hirer Kandidatur

informéiert. Dëst Joer goufen déi entsprechend Bréiwer tëscht Mët Juni an Ufank August verschéckt.

Och hei géing ech fir weider Detailler op meng Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 6677 verweisen.

ad 3. bis 5. D'Uni Lëtzebuerg huet momentan eng Kapazitéit vun 120 Plaze fir Studenten, déi sech am Bachelor en sciences de l'éducation kënnen am éischte Joer aschreien. Am akademesche Joer 2022/2023 sinn aktuell 119 Studenten am éischte Joer vun dëser Formatioun ageschriwwen. Et ass virgesinn, dës Zuel am Joer 2024/2025 op e Maximum vun 180 Plazen eropzesetzen.

## Effondrement de morceaux de falaise entre Ehnen et Hëttermillen | Question 6761 (02/09/2022) de M. Max Hengel (CSV)

Tëscht Éinen an der Hëttermille kënn et, trotz den existéierende Sécherheitsmesuren, ëmmer nees vir, datt Steng aus der Fielswand brieche an eroffalen, an dat zanter dem Remembrement an deem Areal. Problemer mam Kanal op dëser Plaz verstärken de Problem nach.

An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Landwirtschafts- a Wäibauminister, d'Madamm Inneministesch an un d'Madamm Finanzministesch stellen:

1. Kënn Dir dës Informatiounen confirméieren?
2. Sidd Dir der Meenung, datt déi zoustänneg Gemeng bei den erfuorderleche Sécherheitsmoossname vum Stat finanziell ënnerstëtzt muss ginn, vu datt de Problem eng Suite vum Remembrement ass?
3. Sinn nach aner Gemengen op der Musel mat änleche Problemer konfrontéiert?
  - Wa jo, ëm wat fir Gemengen handelt et sech a wat fir Arealen genee si vum Steeschlag aus enger Fielswand beträff?

**Réponse (06/10/2022) de M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

ad 1. an 2. De Remembrementsprojet Éinen ass mam Règlement grand-ducal vum 9. August 1979 gestart a gouf mam Remembrementsakt vum 26. November 2004 ofgeschloss. De Syndicat vun de Propriétaires gouf den 23. Mee 1978 gegrënnt. Et gouf an deem Areal virun allem an den 1990er Jore bis 2002 geschafft. Op ausdréckleche Wonsch vun de Propriétaires goufen do kleng Terrasseparzelle mat geschiedegten Dréchmaueren opgemaach an d'Pente vum Hiwwel fir déi nei Parzellen erofgesat. Déi nei, méi grouss Parzelle goufen duerch en neit Weenez laanscht déi aktuell Fielswand aus Muschelkalk erschloss. D'Fielswand selwer gouf nach 2003 mat engem Maillage aus Maschendraht vum Office national du remembrement (ONR) ofgeschéiert.

Déi ganz Aarbechte sinn ënnert der Responsabilitéit vum Propriétairesyndikat ofgelaf. Den ONR hat eng Beroderroll an huet sech ëm d'Exekutioun vum Projet an d'Zusammenaarbecht mat engem Bureau d'études gekëmmert. Den ONR iwwerhëlt och mol nom Ofschloss vun engem Projet Fléckaarbechten, wa sech an engem raisonnabelen Delai erausstellt, dass punktuell nogebessert muss ginn. Sou gouf 2014 och nach eng Kéier de Kanal iwwert der Falaise gefléckt.

Ob et e Problem mam Kanal gëtt, kann den ONR à ce stade net confirméieren. No der Mise en possession provisoire vun den neien Terrainen an den 1980er Jore war et un der Gemeng, fir sech ëm den Entretien vum Kanal ze këmmern. Dëst gëtt och schonn an engem Avis géologique den 3. Dezember 2001 erwänt, wou drop higewise gëtt, dass verschidde Regarden 2001

<sup>19</sup> Dës Kommissioun ass gesetzlech festgehalten am Artikel 19 bis vun der Loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental

scho verstoppt waren an dass d'Gemeng och reegel-méisseg den Drainage kontrolléieren an de Kanal botze misst.

No enger Visitt op der Plaz, den 9. September 2022, iwwer 30 Joer no de Gros-oeuvres an 20 Joer no der Installatioun vum Schutzdrot, kënnen déi Responsabel vum ONR net confirméieren, dass et do zu iwwer-méissegem Fielsofbroch am Muschelkalk kënt an, wa jo, ob deen dann op d'Aarbechte vum Remembrement aus den 1980er Joren zrëckzeféieren ass oder ob et sech net einfach ëm en natierleche geologesche Virgang handelt. Dass sech uewen an der Fielswand Steng op eng natierlech Manéier léisen, huet och net domat ze dinn, dass d'Fielswand ënnen e bësse méi fräigeluecht ginn ass, fir deen neie Wee ze bauen

ad 3. Generell gesi leien d'Wéngerte laanscht d'Musel an engem geologeschen onstabile Gebitt. Den ONR hëlleft mat senger Projeten notament och, fir Rutschungen ze stabiliséieren. Iwwerall, wou sou Fielswänn am Sandsteen oder Kalleksteen erauskommen, huet een natierlech och Steeschlag. Et gëtt aktuell kee Steeschlagkadaster, soudass een net soe kann, wou iwwerall elo op der Musel punktuell Steeschlaggefor kéint bestoen.

#### Statistiques dans le cadre de la pension d'invalidité | Question 6762 (02/09/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

Och zu Lëtzebuerg kënt et ëmmer rëm vir, datt Bierger an déi tragesch Situatioun geroden, op eng effentlech Invalidérent ugewisen ze sinn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Minister fir sozial Sécherheet gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Bierger aktuell eng Invalidérent bezéien a preziséieren, wéi dës sech op physisch a psychesch Invalidérenten opdeelen?
2. Kann den Här Minister matdeelen, wéi eng Prozedur mussen agehale ginn, fir d'Invaliditéit feststellen?
3. Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Dokteren a Kontrolldokteren aktuell zu Lëtzebuerg akkreditéiert sinn, fir déi eenzel Forme vun Invaliditéit ze certifiéieren?
4. Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, op wéi eng Ursachen déi eenzel Kategorie vun Invaliditéit zrëckzeféiere sinn (Aarbechtsaccident, Autosaccident, medezinnesch Niewewierkung asw.)?

**Réponse (03/10/2022) de M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale**

ad 1. Fir de Mount Dezember 2021 goufe 17.352 „effentlech Invalidérenten“, d. h. Pensions d'invalidité vum Régime général d'assurance pension, vun der Pensiounskeess CNAP<sup>20</sup> ausbezuelt, dës un 9.946 Männer a 7.406 Fraen.

Am Artikel 192 vum Code de la sécurité sociale ass virgesinn, dass Invalidérenten ab dem 65. Gebuertsdag vum Beneficiaire als Alterspensioun weidergeschriwwen ginn („reconduire“). Wann een dës Fäll mat a Betruecht hält, gi fir Dezember 2021 am Ganzen 42.314 Pensions d'invalidité an Pensions d'invalidité reconduites gezielt.

Op déi lescht Jore gekuckt, bleift d'Unzuel vun Invalidérente relativ konstant, den Undeel un all de Pensiounen hält awer of (cf. Bilan technique du régime général d'assurance pension – 2022<sup>21</sup>).

<sup>20</sup> Caisse nationale d'assurance pension

<sup>21</sup> Bilan technique du régime général d'assurance pension – 2022 – Inspection générale de la sécurité sociale // Le Gouvernement luxembourgeois

Fir all Assuré, deen eng Invalidérent ufreet, gëtt en individuelle medezinneschen Avis gemaach. Dozou gëtt et keng Klassifikatioun. Et ass also net méiglech ze soen, wéi vill Invalidérenten op physisch a psychesch Ursachen zrëckzeféiere sinn.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

ad 2. Et ass um Assuré, eng Ufro op Invalidérent bei der CNAP eranzerechen. Wann déi administrativ Konditiounen fir eng Invalidérent erfëllt sinn oder erfëllt kéinte sinn (jee nodeems, wat fir een Datum als Ufank vun enger Invaliditéit festgehalen géif ginn), kritt den Assuré e Formulaire R4 geschéckt, deen den Assuré u säin Dokter weidergëtt. Den Dokter fëllt dës Formulaire mat medezinneschen Donnéeën aus a schéckt en un d'CNAP eran. D'CNAP befaasst doropshin de Kontrolldokter vun der sozialer Sécherheet (CMSS) mat der Fro, ob beim Assuré eng Invaliditéit virläit an, wa jo, ab wéi engem Datum. De CMSS hält seng Decisioun opgrond vun de virleien Donnéeën an/oder enger medezinnescher Ënnersuchung. D'CNAP ass un d'Konklusioun vum CMSS gebonnen.

ad 3. All Dokter, deen exerceiert, kann am Prinzip eng Invaliditéit feststellen. Déi normal Prozedur ass wéi uewe beschriwwen, datt den Assuré d'Formulaire R4 u säi behandelnden Dokter weidergëtt.

ad 4. Evolusioun vun der Unzuel vu Persounen mat enger, vun der AAA zougedeelter, permanenter partieller Incapacitéit (IPP) duerch en Aarbechts- oder Trajetsaccident, oder duerch eng Berufskrankheet.

*(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)*

Wann den Aarbechtsaccident, den Accident beim Trajet oder d'Berufskrankheet duerch d'AAA unerkannt ass, fixéieren d'Doktere vum Contrôle médical, mat deenen d'AAA eng verbonne Kompetenz huet, no Konsolidéierung vum Gesondheitszoustand vun der betraffener Persoun (Stabilisatioun vum Gesondheitszoustand vun Affer vu kierperleche Verletzungen), en eventuelle partielle permanente Incapacitéitstaux. Am Fall vun der Fixatioun vun esou engem Taux, kann d'Affer, nieft eventuelle Pensiounen, vun Entschiedegunge fir net patrimoniale Schued profitéieren, déi vun der AAA zougewise gi sinn.

#### Accessibilité des distributeurs d'argent | Question 6764 (05/09/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

D'Banken zu Lëtzebuerg setzen ëmmer méi op Servicer via E-Banking oder Bancomat. Fir dass Persounen mat ageschränkter Mobilitéit a Séikraaft dës Bancomaten kënne benotzen, mussen se een einfachen Accès bidden an och eng Sproochausgabfunktoun hunn. Dee Moment liest den Automat engem Informatiounen um Bildschierm vir. Eisen Informatiounen no ginn et Bancomaten hei am Land, déi dës Sproochausgaben net fir d'Clienten maachen, wou awer den techneschen Déngscht dës Funktioun kann notzen.

An deem Zesummenhang wëilt ech de Ministere fir Famill an Integratioun a fir Finanzen dës Froe stellen:

1. Si Bancomaten, déi eng Sproochausgabfunktoun hunn, an dës net fir d'Clienten, déi se brauchen, accessibel maachen, konform zum Antidiskriminierungsgesetz vun 2006?
2. Ass de Ministesch dës Problematik bekannt? Gouf et zu dësem Thema schonn Entrevu mat de Bankevertreider? Wa jo, wat waren hei d'Resultater? Wann nee, wäerten d'Ministesch esou Entrevuen organiséieren?

3. Kann eng Sproochausgabfunktoun op engem Automat och fir Clienten notzbar gemaach ginn? Ass de Ministesch bekannt, wat fir Ännerungen heivir néideg wieren, fir d'Funktoun dem Client zougänglech ze maachen?

**Réponse (11/10/2022) de Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration**

D'Directive (UE) 2019/882 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 relative aux exigences en matière d'accessibilité applicables aux produits et services, kuerz genannt „European Accessibility Act“ (EAA), déi duerch de Projet de loi n° 7975 relatif aux exigences en matière d'accessibilité applicables aux produits et services transposéiert soll ginn, soll zu engem bessere Fonctionnement vum Marché intérieur bäidroen, andeems se déi legislativ, administrativ a reglementaire Dispositiounen am Beräich vun der Accessibilité vu ganz spezifesch Produiten a Servicer harmoniséiert, dorënner och d'Bancomaten an d'Bankdéngschtleeschungen.

Duerch d'Ëmsetzung vun dësem Projet de loi wäerten d'Fournisseure Produiten a Servicer op den europäesche Marché bréngen, déi eenheetlechen Ufuerderungen an der EU nokommen, an déi duerch hir Accessibilité eng méi inklusiv Gesellschaft schafen a Clienten, notament déi mat engem Handicap, awer och eelere Clienten et erméiglechen, esou autonom wéi méiglech ze liewen, an esou voll Gläichheet garantéieren.

De Familljeministère huet d'Koordinatioun vun der Transpositioun vun dëser Direktiv iwwerholl, an enker Zesummenaarbecht mat alle concernéierte Ministere. D'Bankevertreider hunn an deem Kontext dem Finanzministère ugin, de Sujet vun der Accessibilité vu Bankautomaten an notament d'Astelle vun der Sproochausgabfunktoun op engem Bancomat am Detail ze suivéieren an dat virun allem am Kader vun der Transpositioun vun dem European Accessibility Act.

#### Accessibilité des bâtiments aux personnes handicapées | Question 6765 (05/09/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

De 7. Januar 2022 gouf an der Chamber d'Gesetz fir eenheetlech Krittäre fir een handicapgerechten Accès zu Gebaier gestëmmt. D'Gesetz trëtt fir nei Gebaier de 7. August 2023 a Kraaft, bestoend Gebaier hunn 10 Joer Zäit, fir konform ze ginn. An dësem Gesetz gi 5 Reglementer opgeléicht (an den Art. 2, 3, 4, 5 an 11), déi sollen Detailler fir effentlech a privat Gebaier festhalen an och sollen d'Voie publique méi benotzerfrëndlech fir Persounen mat Handicap maachen. Dës Reglementer si bis elo nach net deposéiert ginn.

An deem Zesummenhang wëilt ech de Ministere fir Famill an Integratioun a fir Wunnengsbau dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch Datumer soen, op deenen dës Reglementer wäerten an de Regierungsrat kommen?
2. U wéi enge Krittären orientéieren sech d'Bauhäre säit dem Januar 2022, vu dass d'Reglementer mat den detailléierte Virgaben nach net virleien?
3. Gesäit d'Ministesch hei net d'Gefor, dass wichteg Zäit verluer geet, an där Gebaier gebaut ginn, déi da spéitstens an 10 Joer mussen amenagéiert ginn, fir dem uewe genannte Gesetz ze entsprechen?

**Réponse (03/10/2022) de Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration**

D'Accessibilitégesetz (Loi du 7 janvier 2022 portant sur l'accessibilité à tous des lieux ouverts au public,



des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs) trëtt fir nei Gebaier den 1. Juli 2023 a Kraaft, laut den Dispositiounen vum Artikel 16. An deem Gesetz sinn dräi Reglementer virgesinn:

1) Projet de règlement grand-ducal relatif à l'accessibilité à tous des lieux ouverts au public et des voies publiques portant application des articles 2, 3 et 5 de la loi du 7 janvier 2022 portant sur l'accessibilité à tous de lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs ;

2) Projet de règlement grand-ducal relatif à l'accessibilité à tous des bâtiments d'habitation collectifs portant exécution de l'article 4, paragraphe 3 de la loi du 7 janvier 2022 portant sur l'accessibilité à tous de lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs ;

3) Projet de règlement grand-ducal relatif à l'organisation et au fonctionnement du Conseil consultatif de l'accessibilité portant exécution de l'article 11, paragraphe 3 de la loi du 7 janvier 2022 portant sur l'accessibilité à tous de lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs.

ad 1. D'Gesetz an déi dräi Reglementer goufen de 27. Juni 2018 vum Regierungsrot adoptéiert a goufen de 27. Juli 2018 an der Chamber deposéiert. Éischt Regierungsännerungen un den dräi Reglementer goufen de 7. Januar 2022 adoptéiert. De Regierungsrot gouf dann eng zweete Kéier saisiéiert, an zwar den 22. Abrëll 2022. D'Ännerungen zu de Reglementer sinn de 6. Mee 2022 vum Regierungsrot adoptéiert ginn a si momentan fir en Avis complémentaire beim Staatsrot.

ad 2. Fir d'Bauhären ass d'Theema „Accessibilité“ eigentlech näischt Neits. De Secteur schafft mat der „loi du 29 mars 2001 portant sur l'accessibilité des lieux ouverts au public“ a mat den zwee Reglementer, déi momentan a Kraaft sinn. Et ass wichteg ze betounen, dass sech vill op europäesch Norme baséiert gëtt. Ausserdeem gouf vun Ufank u ganz enk mam Ordre des architectes et des ingénieurs-conseils (OAI) zesummegeschafft, soudatt d'Architekten an d'Ingenieuren sech bei der Entwécklung vun neie Projete schonns ganz gutt konnte preparéieren.

Des Weidere gouf e „Vademecum à l'usage des architectes et ingénieurs-conseils pour la mise en accessibilité des lieux ouverts au public et des voies publiques“, souwéi e „Vademecum à l'usage des architectes et ingénieurs-conseils pour la mise en accessibilité des bâtiments d'habitation collectifs“, an Zesummenaarbecht mam OAI erallt. Zousätzlech wäert enger éischer Séance d'information den 30. Mäerz 2022, eng weider Séance den 1. Dezember 2022 beim OAI stattfannen, an där d'Reglementer am Detail virgestallt ginn.

ad 3. D'Accessibilitätsufuerderunge betreffend Neibaute sinn applicabel fir all Projeten, fir déi d'Baugeneemegung no dem 1. Juli 2023 ugefrot gëtt. Dohier entwéckelen d'Architekten an d'Ingenieuren hir Projete schonns elo accessibel a bauen och deemtspriechend. D'Ufuerderunge vum neie Gesetz an de Reglementer sinn notament wéinst der enker Zesummenaarbecht mam OAI bekannt.

Bestoend ëffentlech Gebaier, also all d'Gebaier, fir déi virum 1. Juli 2023 eng Baugeneemegung ugefrot ginn ass, hunn 10 Joer Zäit, amenagéiert ze ginn, falls dat och matériellement méiglech ass. Soss gesäit d'Gesetz vir, dass „déroptions et solutions d'effet équivalent“ méiglech sinn. Ausserdeem kënnen déi zoustänneg Persounen fir d'Aarbechten un ëffentleche Gebaier innerhalb vu 5 Joer eng finanziell Hëllef ufroen. Deemtspriechend ginn déi Leit incitéiert ze handeln, fir dass déi Amenagementen esou séier ewéi méiglech gemaach kënnen ginn.

.....  
**Route du Nord | Question 6766 (05/09/2022) de M. Aly Kaes | Mme Martine Hansen | M. Emile Eicher | M. Jean-Paul Schaaf (CSV)**

Duerch den Äerdrutsch op der sougenannter Nordstreck am Tunnel „Schiebung“ tëscht Kautebaach a Wëlwerwol ass den Zuchverkéier am Norde vum Land viraussichtlech fir eng länger Zäit gestéiert. Dësen Tëscheffall weist, wéi vulnerabel den Eisebunnssnetz am Norde vum Land duerch seng Eegleisegkeet ass.

An deem Kontext géife mir gäre folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte stellen:

1. Op wéi engen Tronçon ass et technesch méiglech, d'Nordstreck op d'Zweegleisegkeet auszubauen, respektiv wou kënnen Auswäichgleiser ugeluecht ginn, fir insgesamt d'Capacitéit op der Nordstreck ze erhéijen?

2. Wéini ass d'Regierung gewëllt, déi néideg Infrastrukturarbechten unzegoen?

**Réponse (28/09/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

ad 1. Déi aktuell verfügbar Kapazität vum der Streck Ettelbréck-Élwen deckt souwuel de Besoin vum haut, wéi och dee vum den zukünftege Mobilitéitskonzepter of.

Déi besteeënd Auswäichgleiser op der Nordstreck erlaben et, den 2014 agefouerten Hallefstonnentakt Lëtzebuerg-Ettelbréck-Élwen mat enger Zouverlässegkeet ze bedriewen, déi vergläichbar mat där vum den zweegleiseger Strecke vum Lëtzebuurger Schinneresetz ass.

Den Horeaire gesäit vir, dass déi betriblech Zuchkräizungen an de Gare Ettelbréck, Kautebaach, Clierf an Élwen, ofgestëmmt mat dem regionalen ëffentleche Persounentransport, stattfannen. Sou kënnen déi aner Auswäichgleiser an déi 7 km laang zweegleiseger Streck am Kiischpelt benotzt ginn, fir Ofwäichunge vum Fahrplang auszegläichen.

Ee partiellen zweegleisegen Ausbau vum der Nordstreck erhéicht d'Kapazität also net grondleeënd, onofhängeg vum Tronçon, a gëtt dofir momentan als net prioritär agestuut.

ad 2. cf. Fro 1.

.....  
**Avortements « hors délais » | Question 6768 (05/09/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)**

Am Lëtzebuurger Ofdreiwungsgesetz vum 17. Dezember 2014 heescht et am Hibleck op d'Sanktioun vum Ofdreiwungen, déi net innerhalb vum der gesetzlech virgeschriwwener Frist bzw. net bei Liewensgefahr vum der Mamm virgeholl goufen:

« (1) Celui qui, par quelque moyen que ce soit, aura avorté ou tenté d'avorter en dehors des conditions posées à l'article 12 une femme enceinte ou supposée enceinte qui y a consenti, sera condamné à un emprisonnement de deux à cinq ans et à une amende de 251 euros à 25.000 euros.

(2) La femme enceinte qui interrompt volontairement sa grossesse en dehors des conditions posées à l'article 12, sera punie d'une amende de 251 euros à 2.000 euros. »

Wéi een an der Äntwert vum der Regierung op d'parlamentaresch Fro N° 6427 vum den honorabelen Deputéierte Josée Lorsché a Marc Hansen gewuer gëtt, leien der Regierung Zuele vir, déi beleeden, dass de Planning Familial 2021 vu 601 Fraen am Hibleck op eng Ofdreiwung kontaktéiert gouf. An dëser Äntwert heescht et konkret: « 516 IVG ont été planifiées dont

98,3 % au Luxembourg et 1,7 % à l'étranger (1,36 % hors délais). » E puer vun dësen Ofdreiwunge goufen also entweder illegal zu Lëtzebuerg oder legal bzw. illegal am Ausland duerchgefouert.

An deem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un d'Madame Justizminister a Gesondheitsminister:

1. Goufen am Joer 2021 zu Lëtzebuerg Dokterinnen oder/a Frae sanktionéiert, well se eng Ofdreiwung „hors délais“ duerchgefouert hunn bzw. duerchfeiere gelooss hunn? Wa jo, ëm wéi vill Fäll handelt et sech dobäi?

2. Huet eng Organisatioun wéi de Planning Familial eng Responsabilité pénale am Kontext vum Ofdreiwungen „hors délais“, déi vun hir planifiéiert oder vermëttelt ginn, och wann d'Ofdreiwung selwer am Ausland gemaach gëtt?

3. An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 6427 schreift d'Regierung: « L'éventuel prolongement du délai de droit à l'IVG de 12 semaines à 14 semaines au Luxembourg est actuellement à l'étude. (...) Dans ce sens, des réunions de concertation sont prévues dès la rentrée entre le Ministère de la Santé et la Société de gynécologie et d'obstétrique ainsi que le Planning Familial. » Heescht dat konkret, dass Liewensschutzorganisatiounen, wéi „Vie naissante“ net bei dëse Berodunge konsultéiert ginn? Wa jo, firwat net?

**Réponse (07/10/2022) de Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

ad 1. Laut de Justizautoritéite gouf et keng nei Fäll an och keng Verurteilung am Joer 2021.

ad 2. D'Responsabilité pénale vu juristesche Persounen gouf zu Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum 3. Mäerz 2010 agefouert.

All Entitéit, déi eng juristesche Perséinlechkeet huet, ausser de Staat a Gemengen, also all Betriber an Associatiounen, kënnen stroferechtlech verfolgegt a verurteilt ginn, wann se sech eppes zu Scholde komme gelooss hunn. D'Konditiounen sinn ënnert dem Art. 34 vum Code pénal ze fannen.

Wann déi Fäiten am Ausland geschitt sinn, da muss ee sech op d'Artikelen 5-1 et suivants vum Code de procédure pénale baséieren. Déi Artikelen iwwert d'territorial Kompetenz bestëmmen a wéi enge Fäll déi national Gerichter kënnen zoustänneg sinn, falls d'Dot sollt am Ausland geschitt sinn.

ad 3. Wéi an der Äntwert op d'Fro N° 6427 erkläert, sinn d'Iwwerleeunge bezüglech engem eventuelle Prolongement vum legalen Délai fir eng Ofdreiwung vum 12 op 14 Schwangerschaftswochen eréischt am Ufanksstadium an d'Diskussiounen sinn an enger éischer Linn medizinescher Natur. An deem Kader ginn déi concernéiert Acteuren ëm hiren Avis gefrot. Falls esou eng Ännerung effektiv sollt a Kraaft trieden, wäert dat eng legislativ Ännerung mat sech bréngen, wou verschidden Acteuren och ëm ee formellen Avis gefrot wäerte ginn.

.....  
**Taxe CO<sub>2</sub> | Question 6769 (06/09/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)**

D'lescht Joer gouf hei am Land eng CO<sub>2</sub>-Steier agefouert, dëst am Kader vum nationalen Energie- a Klimaplan Lëtzebuerg fir den Zäitraum vum 2021-2030. D'Recetten aus dëser Steuer solle laut offizieller Richtlinn an engem gewëssen Ausmooss och fir konkret Klimaschutzmoossnamen an eng Energiewend mat massiven Entwécklungen am Beräich vum den erneierbaren Energië genotzt ginn. Mir befannen eis

aktuell an enger Energiekris mat héije Präisser fir Gas an Elektresch.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Fro stellen:

1. Wat genau ass mat de Recettë vum der CO<sub>2</sub>-Steier bis elo gemaach ginn?
2. Firwat ass de Mangel un erneierbaren Energien nach ëmmer esou grouss, wann dach Gelder aus dem Energie- a Klimaplang a genau dës Beräich fléissen?
3. Sinn d'Ziler bei den erneierbaren Energien a punkto kWh vum deenen zwee Joer erfëllt ginn?
4. Opgelëscht op déi nächst fënnef Joer (pro Joer), wéi vill Kilowatt un erneierbaren Energië gedenkt d'Regierung ze erreechen?

**Réponse** (11/10/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

ad 1. E substanzuellen Undeel vum de Recettë vum der CO<sub>2</sub>-Steier fléisst an de Klima- an Energiefong (2021: 64,6 Milliounen Euro; 2022: 109,3 Milliounen Euro). Mat deem Fong, deen zousätzlech zu de Recettë vum der CO<sub>2</sub>-Steier nach duerch en Deel vum der Recette vum der Autosteier souwéi duerch d'Recette vum der Versteierung vum Emissiounsquoten aus dem europäeschen Emissiounshandelssystem gespeist gëtt, gi Klimaschutzmoossnamen zu Lëtzebuerg an am Ausland finanziert. Eleng fir déi national Klimaschutzmoossnamen si fir 2021 an 2022 zesumme wäit iwwer 100 Milliounen Euro virgesinn. Dorënner falen ënner anerem verschidde Subventionsregimier fir Privatleut a Gemengen an de Beräicher Energieeffizienz an erneierbar Energien, souwéi och de Klimapakt fir Gemengen.

ad 2. Laut Eurostat louch de Gesamtundeele vum erneierbaren Energien 2010 bei 2,85 % an 2020 bei 11,7 %, dat och bedéngt duerch d'Kooperatioun mat Estland a Litauen fir 2020. Ouni Kooperatioun läit de Prozentsaz fir 2020 bei 10,12 %, wat par rapport zu 2010 enger relativer Progressioun vum iwwer 350 % entsprécht.

Duerch déi geographesch an topographesch Ëmstänn, souwéi der Spezifitéit vum Lëtzebuurger Energiekaart, läit de Fokus fir den Ausbau virun allem bei der Photovoltaik an der Wandenergie, sou wéi d'Ausbauziler am nationalen Energie- a Klimaplang dat och duerstellen.

Alles an allem ass d'Potenzial ginn, fir d'Ziler vum nationalen Energie- a Klimaplang ze erreechen. Bei der Wandenergie zum Beispill, wou fir 2030 eng Produktioun vu 674 GWh virgesinn ass, kann dëst Zil virausiichtlech opgrond vum gudden Tempo beim Ausbau schonns 2025 erreecht ginn.

De Klima- an Energiefong gesäit fir d'Finanzéierung zwou Rubricke vir: engersäits de „mécanisme de compensation“, wou de Staat all Joer eng Participatioun abezuele kann; an anersäits d'Kooperationsmechanismen, sief dat zum Beispill iwwert statistesch Transferten, den europäesche Mechanismus fir d'Finanzéierung vum den erneierbaren Energien oder nach iwwert gemeinsam Projete vum den EU-Memberstaaten.

Fir déi nächst Jore gesinn d'Propositionen am Budget pluriannuel fir déi uewe genannte Rubricke, Kontributiounen vir an Héicht vum 104 Milliounen Euro fir 2023 oder nach 112,5 Milliounen Euro fir 2024.

De Kader fir den Ausbau vum den erneierbaren Energien ass also gesat, sief et iwwert déi gereegelt Tariffer, de PV-Ausschreiwungen, de Finanzéierungsmechanismen oder nach der Kooperatioun mat den aneren EU-Memberstaaten.

ad 3. D'Ziler, déi am Kader vum der Direktiv 2009/28/CE vum 23. Abrëll 2009 iwwer d'Fërderung an d'Produktioun vum Energie aus erneierbare Quelle festgeluecht gi waren, si fir d'Joren 2019 an 2020 erfëllt ginn, woubäi 2020 d'Haaptzil vum 11 % mat 11,7 % iwwertraff ginn ass.

D'Ziele vum Eurostat kommen an der Reegel 14 Méint nom Enn vum Referenzjoer. D'Ziele fir 2021 ginn also a priori am 1. Trimester 2023 verëffentlecht.

ad 4. Fir d'Period 2022 bis 2026 gesäit den nationalen Energie- a Klimaplang folgendes vir fir den Undeel vum erneierbarer Energie (ausgedréckt a Gigawattstonne „GWh“, mat 1 GWh = 1.000.000 kWh):

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)).

Laut Eurostat louch dës Ziel fir 2020 bei 4.173 GWh.

**Smart meter** | Question 6771 (06/09/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Duerch d'Ëmsatze vum enger EU-Richtlinn missten all d'Stroum- a Gaszieler bis den 31. Dezember 2019 respektiv den 31. Dezember 2020 ausgetosch sinn. Duerch dës Zieler léisst sech quasi an Echtzäit novollzéien, wéi vill Stroum a Gas ee verbraucht. Am Kontext vum der massiver Erhéijung vum de Präisser, notament vu Stroum a Gas, ginn d'Bierger encouragéiert, méi effizient mat Energie ëmzuegoen. Hei kéint dës Informatioun dozou bäidroen, de Verbrauch ze senken.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Energie dës Fro stellen:

1. Wéi vill Prozent vum de Stéit hu méttlerweil Smartmeter fir Stroum?
2. Wéi vill Prozent vum de Stéit, déi Gas hunn, hu méttlerweil Smartmeter fir Gas?
3. Falls nach net all Stéit esou een Zieler hunn, wéini wäerten all dës nei Zieler virausiichtlech installéiert sinn?
4. Wouduerch ass eng eventuell Verspéidung vum der Installatioun vum dësen Zieler ze erklären?
5. Huet dës Verspéidung iergendwellech legal Konsequenzen?
6. Wou kënne Leit sech mellen, déi nach kee Smartmeter installéiert krut hunn, fir d'Installatioun zäitno gemaach ze kréien?

**Réponse** (23/09/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

ad 1. Stand 30. Juni 2022 waren 98,1 % vum den Umschlëss an der Nidderspannung am Stroum mat engem Smartmeter equipéiert.

ad 2. Stand 30. Juni 2022 waren 96,8 % vum de Gasumschlëss, déi mat engem Smartmeter ze equipéiert si (Compteure vum den Type G4 bis G40), mat engem Smartmeter equipéiert.

ad 3. bis 5. Wéi d'Äntwerten op d'Froen 1 an 2 weisen, sinn déi allermeeschte Stéit mat engem Smartmeter equipéiert. De gesetzlechen Objektiv vum 90 % am Gas a 95 % am Stroum sinn erreecht ginn. Déi Compteuren, déi nach ze ersetze bleiwen, si gréisstendeels Fäll, wou et technesch méi komplizéiert ass, oder wou de Client d'Installatioun bis ewell refuséiert huet.

ad 6. Leit, déi nach kee Smartmeter hunn an ee wëhlen, kënne sech bei hirem Stroum- an/oder Gasnetzbedreiwer mellen.

**Lobbying dans le cadre de la vaccination contre la Covid-19** | Question 6772 (06/09/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Wéi „Heise online“ den 3. September méllt, sinn Dokumenter vum der leschter an aktueller Bundesregierung, déi drop hiweisen, dass d'Ministèren an d'Kanzlerin sech vum de Lobbyisten a Cheffe vum den Impfstoffhersteller beaflosse gelooss hunn. Esou ass ënnert dësen Dokumenter eng E-Mail vum CEO vu Pfizer, an där hien der Bundeskanzlerin d'Kommunikatioun an Argumenter géint eng Fräigab weiderleet. De Site „abgeordnetenwatch.de“ huet dës Dokumenter publizéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Premierminister an de Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Gesondheet, Wirtschaft a Kooperatioun dës Fro stellen:

1. Wéi eng Kontakter haten d'Ministère mat Entrepreneuren, Organisatiounen oder Persounen zum Thema Covid-19-Impfstofflizenzen an Zwangslizenzen?
2. Ass dem Här Premierminister bekannt, ob aner Ministeren esou Kontakter haten?
3. Wat si bei dësen Kontakter fir Inhalter diskutéiert ginn?
4. Kann den Här Premier versécheren, dass d'Regierungspositioun géint e komplett Fräigi vum de Patenter net am Austausch fir eppes aneres gemaach gouf?

**Réponse** (23/09/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

ad 1. an 3. Am Kader vu sengen Aufgaben hat de Kooperationsminister wuel publizéiert Entrevuë mat der Weltgesundheitsorganisatioun (an der Persoun vum Generaldirektor Dr. Tedros) a mat GAVI, der Organisatioun, déi Gestionnaire vum COVAX-Mechanismus ass (an der Persoun vum CEO Berkley), bei deene selbstverständlech och iwwert d'Fro vum der Disponibilitéit an der Accessibilitéit vum den Impfstoffen geschwat ginn ass, an ënnert anerem och iwwert d'Fro vum de Patenter, fir d'Vuë vum de Gesprächspartner zu deem Thema gewuer ze ginn.

ad 2. Nee.

ad 4. Jo.

**Exécution de cinq Palestiniens à Gaza** | Question 6773 (06/09/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Viru Kuerzem goufen an der Gasasträif fënnef Männer higeriicht, dorënner zwee, well se der „Kollaboratioun mat Israel“ beschëllegt goufen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Bausseminister gär dës Fro stellen:

– Sinn dem Här Bausseminister dës Virgäng bekannt? Falls jo, wéi reagéiert hien dorop? Gëtt et dozou eng offiziell Kommunikatioun oder souguer eng Verurteilung vum der Lëtzebuurger Regierung?

**Réponse** (06/10/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Effektiv sinn ech duerch d'Press vum dësen Virgäng gewuer ginn, déi mech schockéiert hunn. D'Lëtzebuurger Regierung ass géint d'Doudesstrof, iwwerall op der Welt an ënnert allen Ëmstänn. Deementspriedend verurteelen ech och, am Numm vum der Regierung, déi rezent Hiriichtung vu fënnef Männer zu Gasa.



**Aide au développement en Inde | Question 6774**  
(06/09/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Indien huet viru Kuerzem säin zweete Flugzeugträger „Vikrant“ an den Déngricht vu senger Marin gestallt. Et handelt sech gläichzäiteg ëm den éischte vun dësen Apparater, deen den indesche Subkontinentalstaat selwer produzéiert huet. Parallell huet Indien an der rezenter Vergaangenheet nach zu deene Länner gehéiert, déi aus Lëtzebuerg Entwécklungshëllef bezéien.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Kooperationsminister gären dës Froen stellen:

1. Kann den Här Minister matdeelen, ob Indien aktuell nach, direkt oder indirekt iwwer privat Stellvertreterorganisatiounen, weiderhin ëffentlech Lëtzeburger Entwécklungsgelder empfängt? Falls jo, kann den Här Minister präziséieren, mat wéi engem Zil, bis zu wéi engem Enddatum, eventuell iwwert wéi eng Organisatioun an ënnert wéi engem Budgetartikel déi Sue fléissen?

2. Kann den Här Minister matdeelen, ob hien et allgemeng fir opportuun hält, Entwécklungshëllef un e Land ausbezuelen, dat bewisen huet, datt et am Beräich vun der Arméi, der Raumfaart asw. mëttlerweile zu deenen technologesch erfollegräichste Länner vun der Welt gehéiert, a präziséieren, a wéi engem Zäitofstänn d'Krittären, ob e Land nach eligibel fir Entwécklungshëllef ass, iwwerpréift an aktualiséiert ginn?

**Réponse** (15/09/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

ad 1. Falls mat „Stellvertreterorganisatiounen“, ONGen oder aner Organisatiounen gemengt sinn, déi an Indien Projeten ëmsetzen, dann ass et esou, dass de Ministère aktuell d'Projeten a Programmer vun néng Lëtzeburger ONGe kofinanzéiert mat engem Gesamtbetrag (MAEE-Undeel) vu 4,58 Milliounen Euro. Dës Projeten a Programmer ginn tëschent 2019 an 2026 ëmgesat. D'Fongen dofir komme vum Fonds de la coopération au développement, wéi d'Fonge fir all d'Projeten an der Entwécklungszesummenaarbecht mat Lëtzeburger ONGen.

Déi genannt ONGe sinn a verschidde Beräicher aktiv, beispillsweis Mënscherechter, Bekämpfung vun der sexueller Ausbeutung vu Kanner a Jonker, Bekämpfung vun der Gewalt géint Meedercher a Fraen, schoulesch Infrastrukturen, Educatioun, Agrarentwécklung.

ad 2. D'Haaptziler vun dëse Projete sinn, d'Armut an d'Ongläichheeten am Land ze bekämpfen, ganz am Sënn vun eiser Strategie fir Entwécklungszesummenaarbecht. All d'Projeten, déi vun dësen ONGen ëmgesat ginn, cibléieren vulnerabel Persounen, déi entweder an enger wirtschaftlecher oder sozial schwieriger Situatioun sinn, oder fir hir Rechter besser ze schützen.

Sou wéi et am Artikel 11 Paragraf 4 an deem vun der Chamber gestëmmt Gesetz vum 6. Januar 1996 iwwert d'Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Aktioun festgehale gouf, dat 2017 op dësem Punkt modifizéiert gouf, ass d'Lëscht vun de Länner, déi eligibel si fir Entwécklungshëllef, déi, déi vum Comité d'aide au développement vun der OCDE all Joer opgestallt gëtt.

**Impact de la crise actuelle sur l'activité des offices sociaux | Question 6775**  
(06/09/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

L'évolution actuelle de l'inflation, et partant des prix et plus particulièrement du prix de l'énergie, touche durement les ménages à revenus modestes.

– J'aimerais dès lors savoir de Madame la Ministre quel est l'impact de la crise actuelle sur l'activité de nos offices sociaux et notamment de l'afflux auxdits offices.

– Y a-t-il une approche coordonnée de la part des offices et une concertation accrue avec les administrations de l'État et le Gouvernement en vue d'anticiper une sollicitation accrue desdits offices sociaux suite à l'évolution de la crise ?

– Sur quel appui supplémentaire peuvent compter les cas échéant ces structures ?

**Réponse** (12/10/2022) de **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

L'Office social, en tant que guichet social, est souvent le premier interlocuteur des personnes en détresse. L'augmentation des prix de l'énergie, mais également d'autres phénomènes actuels, tels que l'impact socio-économique de la pandémie ou encore la croissance des coûts du logement affectent particulièrement les ménages en difficulté, ce qui engendre inévitablement une augmentation du nombre de personnes ayant recours à l'aide sociale. Sur le plan qualitatif, ces défis affectent également la complexité des demandes à traiter.

Face à ces constats et afin de réagir à la situation socio-économique actuelle, le Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région s'est engagé pour un renforcement des ressources de travail à disposition des offices sociaux afin qu'ils puissent remplir leurs missions de soutien aux personnes confrontées à un risque accru de pauvreté ou d'exclusion sociale, tout en garantissant un service de qualité.

Ainsi, dans le cadre du projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2023, le Gouvernement proposera d'augmenter de 50 % les clés de personnel inscrites à l'article 23 de la loi modifiée du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale et de les augmenter à 1,5 poste d'encadrement social respectivement à 0,75 poste de personnel administratif par 6.000 habitants.

**Campagne de sensibilisation concernant la gestion des déchets | Question 6776**  
(06/09/2022) de **M. Jean-Paul Schaaf** (CSV)

Am leschte Summer goufen an der Chamber d'Gesetzestexte zum Offall diskutéiert an ueghe. Bei der Diskussioun gouf am Plenum drop higewisen, dass et wichteg wier, d'Veräiner an d'Gemenge fréizäiteg iwwert d'Changementer ze informéieren. Onsen Informatiounen no ass bis ewell awer nach keng Sensibiliséierung geschitt. Et wär awer wichteg, dass d'Gemengen Informatiounen géife kréien, wat fir Produiten ab weini verbuede sinn, fir datt si dann esou ee Kalenner mat Informatiounen och un d'Veräiner kënne weiderginn. Sou kéint ee méigleche Streidereien a Mëssverständnisse direkt aus dem Wee goen.

An dësem Kontext géif ech gären follgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch stellen:

1. Kann d'Ministesch ons Informatiounen bestätegen?
2. Plangt d'Ministesch eng Sensibiliséierungscampagne? Wa jo, weini sollen d'Gemengen déi Informatiounen kréien, wat weini verbuede ass oder bei Manifestatiounen verbuede gëtt?

**Réponse** (05/10/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Et ass immens wichteg, d'Acteur mat op de Wee ze huele bei der Ëmsetzung vun dem

Offallgesetzespak. Deementspreechend sinn och schonn Informatiounen un déi verschidde Secteure geschéckt ginn, respektiv Workshops organiséiert ginn. Als Beispiller kënne follgend Informatiounscampagnen a -veranstaltungen opgezielt ginn:

– d'GEDECO (Association luxembourgeoise des gestionnaires communaux des déchets) krut am Juni eng Presentatioun iwwert déi nei Offallgesetzgebung gehalen;

– et gouf en Echange mam House of Automobile betreffend den „Accord volontaire VHU“;

– et gouf eng Ëmfro beim Konstruktionssektor gemaach an och Informatiounen am Kontext vum „Inventaire de construction“ diffuséiert;

– Mëtt August ass eng allgemeng Informatioun erausgaangen un d'Secteuren zu den Neierungen an den Offalltexter;

– am September si weider Informatiounen erausgeschéckt ginn un déi concernéiert Secteuren zu der „Démarche pour les campagnes promotionnelles“ (Art. 13(8)) an den „Éléments essentiels concernant le plan de prévention des déchets alimentaires“ (Art. 12(4));

– am Juli a September hu schonn zwee Workshoppe betreffend d'Iwwerschaffe vum Règlement grand-ducal „Parcs à conteneurs“ stattfonnt. Zwee Weiderer heizou si geplangt fir November an Dezember. Des Weideren si Workshoppe geplangt mat de Secteure betreffend den Artikel 12(8) zu de Récipiènts réemployables an d'Artikelen 13(6) an 13(7) betreffend d'Infrastrukturen an de Supermarchéen.

Zousätzlech heizou gëtt de Vademecum fir d'Gemengen aktuell an der Ëmweltverwaltung iwwerschafft mat den aktualiséierten Dispositiounen an et gëtt un engem Guide fir ëffentlech Fester a Veranstaltungen geschafft. Am Kader vum Klimapakt ginn och Formatiounen fir d'Gemengeresponsabel a fir d'Klimapaktbe-roder ugebueden.

ad 2. Et ass eng Sensibiliséierungscampagne fir de Grand public vum Ëmweltministère an Zesummenaarbecht mat der Ëmweltverwaltung geplangt fir Ufank 2023. Mir schaffen ausserdeem un engem FAQ.

**Installations photovoltaïques en milieu agricole | Question 6777**  
(06/09/2022) de **Mme Martine Hansen** | **M. Paul Galles** (CSV)

Den Ausbau vun de Photovoltaikanlagen (PV) ass essenziell, fir dass ons d'Energietransitioun geléngt, souwéi dass mir ons méi onofhängeg vun de fossilen Energie maachen. Momentan ginn et awer nach Erausforderungen beim Ausbau vun der Solarenergie an der Landwirtschaft. Op Oupf vum der Centrale paysanne kristalliséieren sech virun allem zwee Problemer eraus: déi allgemeng Infrastruktur an d'Käschten, déi duerch en zousätzlechen Uschloss an/oder en eegenen Transformator erstinn. Éischters ass et a verschidde Regione vum Land anscheinend net méiglech, en Uschloss vun enger Solaranlag un d'Niddregspannungsnetz ze autoriséieren. Zweetens kënne modern PV net ëmmer un d'Niddregspannungsnetz ugeschloss ginn, bzw. d'Leitunge sinn net performant genuch, fir déi geléiwert Spannung ouni Sécherheitsrisiko entgéintzehuelen. Hei muss de Landwirt dann en zousätzlechen Uschloss an/oder en eegenen Transformator op seng Käschten installéieren.

An dësem Kontext géife mir gären follgend Froen un den Här Energieminister stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass net iwwerall am Land Solaranlagen un d'Niddregspannungsnetz kënne ugeschloss ginn? Wa jo, wéi eng Regione

sinn dat? Wa jo, firwat ass dat esou? Wéi eng Mesurë plangt de Minister, fir dës Problem schnellstméiglech ze behiewen?

2. Plangt de Minister eng Subventioun (oder eng aner Mesur), fir de Leit bei der Installatioun vun engem zousätzlechen Umschloss an/oder engem eegenen Transformator ze hëllefen?

**Réponse** (07/10/2022) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Laut dem Artikel 5 (1) vum Stroumgesetz<sup>22</sup> muss dee jeeweilege fir déi Regioun designéierte Stroumnetzbedreiwer all Ufro fir ee Raccordement un den effentleche Reseau nokommen. Dat gëllt och fir all Solaranlagen iwwerall am Land. Allerdéngs ass dee Raccordement un eng Rei Konditiounen geknëppt. Esou mussen zum Beispill all nouwenneg Autorisatiounen fir déi Anlag ausgestallt sinn, déi raccordéiert soll ginn, an den Demandeur muss fir d'Käschte vum Raccordement opkommen (Artikel 5 (4) a (6)).

ad 2. D'Käschte vun engem Standard-Raccordement gi bei der Berechnung vum Aspeisetarif fir Photovoltaik consideréiert, a bei Anlagen ab 200 kW, déi am Kader vun engem Appel à projets proposéiert ginn, kënnen doriwwer eraus och weider Käschten, wéi beispillsweis een neien Transformator, bei deenen Offeren integréiert ginn.

**Funérailles de Mikhaïl Gorbatchev** | Question 6778 (07/09/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Virum e puer Deeg huet zu Moskau d'Trauerfeier fir de fréiere Generalsekretär vun der sowjetescher Kommunistescher Partei a Fridensnobelpriisträger Michail Gorbatschow stattfonnt. Am Ënnerscheed zu fréiere russesche Staatsmänner krut de Gorbatschow kee Staatsbegrieffnes. Auslännesch Staats- a Regierungsscheffe goufe vu russescher Säit net offiziell agelueden. Vill westlech Staate ware just mat hirem Ambassadeur vetrueden. Den ungarische Premierminister wor awer perséinlech op Moskau.

An Däitschland, dat dem Michail Gorbatschow am Zesummenhank mat der däitscher Reunifikatioun vill ze verdanken huet, hougten d'Fändele virum Kanzleramt op Hallefmast. De Bundestag wäert de 7. September 2022, a Presenz vum Bundespräsident, dem Verstuerwene gedenken.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Regierung preziséieren, ob Lëtzebuerg bei der Trauerfeier fir de Michail Gorbatschow vetruede war? Wa jo, wien huet Lëtzebuerg bei dëser Trauerfeier vetrueden? A wéi enger Form huet déi Lëtzebuerger Regierung der Russescher Federatioun hir Kondolenzten ausgedréckt?

2. Wéi wëll Lëtzebuerg un déi grouss Verdéngschter vun dem verstuerwene Staatsmann erënneren? Huet d'Regierung een offizielle Communiqué zum Doud vum Michail Gorbatschow publizéiert? Wann nee, firwat ass dat net gemaach ginn?

**Réponse** (07/10/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. Lëtzebuerg war offiziell vetrueden, an zwar duerch säin Ambassadeur, wéi vill EU-Länner. De Grand-Duc huet der Duechter vum Michail Gorbatschow schrëftlech säi Bäileed ausgedréckt,

souwuel a sengem Numm, wéi och am Numm vum Lëtzebuerger Vollek. Den Ambassadeur huet bei der Trauerfeier virum offene Sarg Blumen hannerluet, an der Famill perséinlech säi Bäileed ausgedréckt.

ad 2. D'Regierung huet duerch Tweete vum Premierminister a vum Ausseminister och d'Verdégenschter vum verstuerwene Staatsmann gewierdegt.

**Factures de vétérinaire impayées** | Question 6784 (07/09/2022) de **M. Gusty Graas** (DP)

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4907 vun 2021 war matgedeelt ginn, datt zu Lëtzebuerg kee „vétérinaire pour tous“, wéi en a Frankräich existéiert, virgesi wier. Persounen, déi Problemer hätten, fir den Traitement vun hirem Déier opzekommen, kréichen och net mat Subventiounen gehollef. Virop gouf sech op Déiereschutzassociatiounen beruff, déi zum Deel vum Ministère subventionéiert wieren.

Bei munchen Déierendoktercabineten oder Kliniken schéngt et awer virzekommen, datt, wann de Besëtzer d'Rechnung vu sengem Déier net ka bezuelen, de Veterinär d'Déier zeréckbehale géif. Dëst géif dann op eege Käschten traitéiert, an de Veterinär géif dono decidéieren, wat mam Déier geschitt. Notamment géifen dës Déieren an Asylrënnnerbruecht ginn.

Kierzlech Reaktiounen aus dem Secteur vum Déiereschutz hunn op déi schwierig Situatiounen an den Asylrënnner a bei den Organisatiounen higewisen. D'Äntwerten op rezent parlamentaresch Froen erklären, datt Persounen iwwer d'Besoinen an d'Käschte vun engem Hausdéier solle weider sensibiliséiert ginn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung follgend Froe stellen:

1. Contrairement zu de reegelméisseg Käschte kann eng Noutfaloperatioun un engem Déier eng eemoleg méi héich Rechnung mat sech bréngen. Dierf e Veterinär en Hausdéier zeréckhalen oder weiderverméttelen am Fall, wou dës net direkt ka bezuelt ginn?

2. Ass dës Praxis dem Minister bekannt? Wa jo, wéi vill där Fäll gouf et iwwer déi lescht 10 Joer zu Lëtzebuerg?

3. Wéi problematesch gesäit den Här Minister dës Praxis am Kontext vun der aktueller Situatioun vun den Asylrënnner an änlechen Etablissements?

4. Wou kënnen d'Besëtzer vun dësen Hausdéiere punktuell Hëllef ufroen?

**Réponse** (22/09/2022) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Am Fall vun enger Operatioun op engem Déier, déi méi héich Käschten ervirriff, huet de Besëtzer vum Déier e Recht op en Devis vun de Käschten, bevir en seng Zoustëmmung zur Behandlung gëtt. Falls de Besëtzer der Behandlung zoustëmmt an no dëser d'Rechnung net bezitt, dierf de Veterinär dat behandelt Déier zeréckhalen, bis d'Behandlungskäschte bezuelt si respektiv e Bezuelungsmodus arrangéiert ass. Hien dierf d'Déier awer ënner kengen Émstänn weiderverméttelen, et sief dann de Besëtzer huet säi schrëftlechen Accord iwwer de Wee vun enger Verzichtserklärung heizou ofginn. Anerefalls huet de Veterinär d'Flicht, sech ëm dat Déier ze këmmern, bis et erëm zeréck bei säi Besëtzer geet.

ad 2. Esou eng Praxis vu Vermëttele vun Déieren duerch Veterinären, well d'Behandlungskäschten net bezuelt sinn, ass dem Minister net bekannt.

ad 3. Falls et esou eng Praxis géif ginn, wier déi problematesch, well d'Déierenasylrënnner schonn iwwerfüllt

si mat Déieren, déi duerch hir Besëtzer ausgesat respektiv se ofginn hunn, well dës hir Responsabilitéit géigeniwwer den Déieren net wëlle wouerhuelen.

ad 4. A punktuell Situatiounen kënnen d'Besëtzer vun Hausdéieren sech un Déiereschutzorganisatiounen wenden, déi deelweis bereet sinn, verschidden Onkäschte fir d'Veterinärsbehandlung ze iwwerhuelen. Et sief och nach bemierkt, dass et privat Assurance gëtt, déi géint d'Bezuele vun enger Primm en Deel vun de Veterinärskäschte rembourséieren.

**Indemnisation des volontaires du CGDIS pour les permanences et les gardes** | Question 6786 (07/09/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

D'Fräiwëlleger beim CGDIS leeschten eng wäertvoll Aarbecht fir d'Allgemengheet. D'Benevole sinn dobäi oft am Bereitschaftsdéngscht oder kasernéiert, fir am Noutfall direkt a schnell kënnen anzegräifen. D'Benevole kréie fir dës Déngscht och eng kleng Entschiedegung an Héicht vun 1 €/Stonn fir eng Bereitschaft a vun 10 €/Stonn, wann si an der Kasär stationéiert sinn. Et ginn awer och Fräiwëlleger beim CGDIS, déi aus Léift zum Déngscht während hirer normaler Bereitschaft an d'Kasär wëlle goen an op déi 10 € Kasäreprimm verzichten.

Wéi mir zougedroe gouf, gouf et elo bei der Organisatioun vum Volontariatscorps eng Reeglung, déi beseet, dass d'Benevollen an de CIS musse goen, bei deem si am nooste wunnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Interieur dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass eng entspreche Reegel fir déi Fräiwëlleg beim CGDIS agefouert gouf? Falls jo, gouf dës iergendwou schrëftlech festgehalten?

2. Falls dës Reegel existéiert, wat ass de Mehrwert vun dëser Moosnam, wëssend, dass souwiesou eng schnell Agrëffstrupp zu all Zäitpunkt an der Kasär prett ass?

**Réponse** (05/10/2022) de **Mme Taina Boffending**, Ministre de l'Intérieur

Den Département des pompiers volontaires (DPV) vum CGDIS ass do, fir d'Asazenteren (CIS) an d'Spezialgruppe (GIS) beim Recrutement vun neie fräiwëllege Pompjeeën ze ënnerstëtzen a si bei der Baitrëtsprozedur ze begleeten. Doduerch ka séchergestallt ginn, datt souwuel um lokalen Niveau de Kontakt tëscht de Fräiwëllegen an dem CIS/GIS direkt etabléiert gëtt, awer och, datt eng national eenheetlech Koordinatioun stattfënt, bei där jidderee gläich behandelt gëtt<sup>23</sup>.

Ufank 2022 gouf e Guide pratique fir de Recrutement an d'Affectatioun (resp. d'Reaffectatioun) vu fräiwëllege Pompjeeën ausgeschafft, deen en eenheetleche Kader schafft. Et gouf hei bewosst d'Form vun engem Guide gewielt an net déi vun engem Reglement, fir op dës Manéier e Kader ze schafen, ouni d'Villfälgteekheet an d'Individualitéit innerhalb vum Volontariat ze vernoléisseggen.

Dee vun Deputéierten erwänte Mehrwert läit deemno dodran, datt de CGDIS de Volontariat mat Hëllef vun dësem Guide op nationalem Niveau méiglechst eenheetlech an effikass kann ënnerstëtzen a koordinéieren, fir d'Ziler vum Plan national d'organisation des secours (PNOS) ze errechen. Et geet

<sup>23</sup> Règlement grand-ducal du 15 juin 2018 relatif aux pompiers volontaires du Corps grand-ducal d'incendie et de secours, Art. 4. « Le CGDIS organise de façon centralisée l'adhésion, l'affectation et la gestion des pompiers volontaires, des jeunes pompiers et des vétérans. »

<sup>22</sup> Loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité



virun allem dröm, eng méiglechst gläichwäerteg Verdeelung vun de fräiwëllege Ressourcen unzestriewen, fir iwwerall am Land a manner wéi 15 Minutten ze intervenéieren.

## Emprisonnement d'un enseignant en Irlande | Question 6787 (07/09/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

An Irland gouf e Schoulmeeschter, deen an enger offizieller Kiercheschoul Däitsch a Geschicht ënnerriicht, fir d'éischt mat engem Berufsverbuet konfrontéiert a sëtzt méttlerweil am Prisong, well hie refuséiert huet, e männleche Schüler mat engem weibliche Pronomen unzeschwätzen. De betraffene Member vum Léierpersonal berëfft sech bei senger Verdeedegung op seng Reliounsfräiheet a säi perséinlech Gewëssen, dat him et onméiglech mécht, deem genannten Uerder ze follegen.

An der EU-Grondrechtscharta liest een ënnert dem Artikel 10 ënnert anerem dat hei: „Jede Person hat das Recht auf Gedanken-, Gewissens- und Religionsfreiheit.“ Weider liest een an deem Kader am Artikel 11: „Jede Person hat das Recht auf freie Meinungsäußerung.“ A schlisslech ënnert dem Artikel 15: „Jede Person hat das Recht, zu arbeiten und einen frei gewählten oder angenommenen Beruf auszuüben.“ Irland verstéisst hei also gläich géint eng ganz Rëtsch vun EU-Grondwäerter.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Bausseminister gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Bausseminister seng allgemeng Positioun zum Fall vun deem betraffene Schoulmeeschter matdeelen?

2. Kann den Här Bausseminister elaboréieren, ob an op wéi eng Manéier hien an deem Fall scho bei der irlischer Regierung intervenéiert huet?

3. Kann den Här Bausseminister elaboréieren, ob an op wéi eng Manéier hien sech schonn op EU-Niveau duerfir agesat huet, fir Irland zum Respekt vun den EU-Grondrechter ze beweegen a preziséieren, ob hien e Grondrechtsprozess, sou wéi en och géint Ungarn a Polen op den Instanzewege bruecht gouf, fir ugemoss hält?

## Réponse (07/10/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. An Irland gouf e Schoulmeeschter zu enger méideegeger Prisongsstrof verurteilt, well hie sech iwwert en Urteel vun der High Court ewechgesat huet, wat him wéinst enger lafender Prozedur temporär verbueden huet, de Schoulhaff ze betrieden. De Grond fir dës Prisongsstrof war also net de Refus, fir en genderneutrale Pronomen ze benotzen, esou wéi et verkierzt an enger Rei vu soziale Medien ze liese war. De Refus vum Schoulmeeschter, fir en genderneutrale Pronomen ze benotzen, ass den Ament Géigestand vun enger lafender Prozedur, déi vun de Schoulautoritéite lancéiert gouf.

ad 2. Mat Bezuch ob d'Äntwert op d'Fro 1 gëtt et den Ament kee Grond, fir bei der irlischer Regierung ze intervenéieren.

ad 3. Op Basis vum Rapport iwwert d'Situatioun vun der Rechtsstaatlechkeet an Irland, deen d'Europäesch Kommissioun den 13. Juli 2022 adoptéiert huet, ass kee Grond ze erkennen, weeder fir eng Interventiuon bei der Europäescher Kommissioun, nach fir eng Prozedur op Basis vum Artikel 7. vum Vertrag iwwert d'Europäesch Uniou.

## Réfugiés ukrainiens | Question 6788 (07/09/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Ukrain am Konflikt mat der russescher Federatioun och militäresch. Aktuell gëllt an der Ukrain den allgemenge Militärdéngscht a Männer tëschent 18 a 60 Joer dierfen d'Land net verloossen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Bausseminister gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill männlech ukrainesch Staatsbierger tëschent 18 a 60 Joer sech aktuell zu Lëtzebuerg ophalen an ënnert wéi engem Statut?

2. Kann den Här Minister matdeelen, ob a falls jo, wéi vill männlech, ukrainesch Staatsbierger aus där genannten Alterskategorie nom 24. Februar 2022 nach eng Openthaltsgeneemegung zu Lëtzebuerg kruten? Kann den Här Minister preziséieren, ënnert wéi engem Statut dës Openthaltsgeneemegungen ausgestallt gi wieren a wéi wäit d'Regierung zu potenziellen Deserteuren am Austausch mat den ukraineschen Autoritéite steet?

## Réponse (07/10/2022) de M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Fir allgemeng Immigratiounstatistike sief op déi reegelméisseg Publikatiounen vum Ausseministère, esouwéi op d'Erklärungen, déi an der zoustänneger Chamberskommissioun de 16. Mäerz, 4. Abrëll, 27. Juni an de 6. a 26. September 2022 an op de Pressekonferenz vum 9. Mäerz, 4. an 11. Abrëll, 11. Juli, 6. a 26. September 2022 virgedroe goufen, verweisen.

D'Lëtzebuurger Regierung ass net am Echange mat den ukraineschen Autoritéite mat Bezuch op divers Kategorie vu Leit, déi d'Ukrain rezent verlooss hunn.

## Réseau de « Postomat » | Question 6790 (07/09/2022) de M. André Bauler (DP)

An deene leschte Jore sinn iwwer Land an och an der Stad eng Rei Postbüroen zougemaach ginn. Am Kader vun dese Büroe gouf et och Bancomate vun der Post, déi vun etleche Clienten genotzt goufen.

An deem Kontext wollt ech dem Här Wirtschaftsminister folgend Froe stellen:

1. Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill d'Bancomate vun der Post et de Moment iwwer Land nach gëtt? Wéi vill sinn der zanter 2015 zougemaach ginn?

2. Wéi vill sinn der an de leschte Joren en pannen gefall a wéi laang konnten se déi Zäit net genotzt ginn?

3. Aktuell funktionéiert de Bancomat vun der Post zu Elwen zanter Ufank August net méi. Gëtt dese Bancomat reparéiert oder ass et virgesinn, dësen Apparat guer net méi ze notzen?

## Réponse (03/10/2022) de M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

D'Clienten vu POST Finance kënnen zanter ugangs 2022 op alle Bancomate vun all Bank, sief et zu Lëtzebuerg oder an Europa, ouni Käschte Suen ophiewen. Domat stinn de Clienten vu POST Finance hei am Land 450 Bancomate gratis zur Verfügung.

POST Finance bedreift am Moment selwer 36 Bancomaten, bis Joresenn ginn der dovun 5 oder 6 ofgeschaaft. Déi aner ginn iwwert déi nächst zwee Joer duerch Maschinne vun der neister Generatioun ersat, op deenen een och Suen abezuele kann. Zanter 2015 sinn 23 Bancomate vu POST Finance ausser Betrib geholl ginn, dorënner sinn der 5 duerch nei Maschinne ersat ginn.

Wat de Bancomat vu POST Finance zu Elwen ugeet, ass dësen op Urode vun der Police, an no 14 Attacken an de leschte 4 Joer op Bancomaten zu Lëtzebuerg, zäitweilg ausser Betrib geholl ginn. POST Finance huet virgesinn, dese Bancomat zu Elwen mat engem verbesserte Sécherheetskoncept nees a Betrib ze huelen.

POST Finance huet keng Statistiken iwwert d'Unzuel vun de Pannen, déi ganz ënnerschiddlech Ursaache kënnen hunn. Am Fall vun enger Pann oder engem techneschen Problem gëtt an der Reegel an Zäit vu véier Stonnen intervenéiert. Gréisser Reparaturen kënnen och all ee bis zwee Deeg daueren. Triede reegelméisseg Pannen vum selwechte Bancomat op, gëtt eng komplett Revisioun vum betraffene Bancomat beim Hersteller ugefrot. Wéi all d'Banken zu Lëtzebuerg, schafft POST Finance zesumme mat enger Firma, déi op den techneschen Support an den Ënnerrhalt vu Bancomate spezialiséiert ass.

## Tarifs de rachat de l'électricité photovoltaïque | Question 6791 (07/09/2022) de M. Marc Lies (CSV)

Den Ausbau vun de Photovoltaikanlagen (PV) ass essenziell, fir dass ons d'Energietransitioun geléngt, souwéi dass mir ons méi onofhängeg vun de fossilen Energie maachen. Duerch déi ugekënnegt Präishauss (vu 35 %) duerch Encevo beim Stroom stellt sech awer d'Fro, ob déi Präishauss och wäert un de lokale Produzent a Form vun den Aspeisetariffer weidergeleet ginn. Aktuell läit den Tarif fir Anlage bis 10 kW bei 0,15 €/kWh a fir Anlagen iwwer 10 a bis 30 kW bei 0,14 €/kWh.

E Grond vun der Präishauss ass jo de sougenannte Merit-Order Prinzip, dat heescht, dass de leschte Stroomproduzent an der Ketten (deen am deierste produzéiert), dee gebraucht gëtt, fir d'Demande u Stroom ze erfëllen, de Präis fir de gesamte Marché festsetzt. Dat bedeit, dass bei Nova Naturstrom, wou jo zu 100 % op Stroom zréckgegraff gëtt, deen aus erneierbaren Energie produzéiert ginn ass, de Präis och elo unzitt. Viru Joren ass awer ëmmer gesot ginn, datt dësen Tarif, deen eppes méi héich ass wéi den normalen Tarif, keng all ze vill grouss Präisschwankungen dierft erliewen.

An deem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Energieminister stellen:

1. Kritt de Propriétaire vun der PV-Anlag, also de Produzent vum Stroom och eng Vergütung zegutt geschriwwen oder geet dësen Iwwerschoss an d'Täsch vum Stroomoperateur?

2. Sollt de Stroomproduzent keng zousätzlech Vergütung op senger Produktioun kréien, wéi wëll de Minister engem potenziellen Interessent vun enger PV-Anlag erklären, dat den zousätzleche Benefice just un déi grouss Energieoperateur geet an net un de kleng Mann, deen an eng eege PV-Anlag investéiert huet?

3. Firwat zitt de Präis vum Nova Naturstrom och un, obwuel gesot gouf, dass e keng sou grouss Präisschwankungen dierft erliewe wéi Stroom, deen aus fossile Quelle produzéiert gouf?

4. Wéi ass dem Minister seng Positioun zum Merit-Order Prinzip? Wëll hien an de Marché agräifen, fir de Stroompräis ze reduzéieren, bzw. bëlle Energie-träger wéi Erneierbarer vum Stroom- a Gaspräis ze entkoppelen?

## Réponse (03/10/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

ad 1. an 2. Den éirewäerten Deputéierte freet no de Benefisser, déi private Bedreier vu Photovoltaikanlagen bis 30 kW kéinte virenthale ginn, well si

während 15 Joer e fixen, garantierte Stroum-Aspeis-tarif kréien (ca. 150 €/MWh fir Anlage bis 10 kW, an 141 €/MWh fir Anlage vun 10 bis 30 kW, bei enger Mise en service an deem Joer) an deem net vun den aktuell héije Marchéspräisser fir Stroum profitéiere kéinten.

Dëse System vun de fixen Tariffer existéiert, well et ze vill komplizéiert an opwänneg wär, wann all dës kleng Produzente géifen de Stroum selwer um Marché verkafen. De Stroum gëtt vun den Netzbedreiwer (via d'Stroumfournisseuren) ofgehol an um Marché placéiert. Wann do Differenzen zu Ongonschte vun de Fournisseuren bestinn – wéi et jorelaang de Fall wor – ginn dës iwwer de „mécanisme de compensation“ ausgegla. Dës Differenze si säit Ufank 2022 zu Gonschte vun de Fournisseuren. Duerch d'Funktionsweis vum „mécanisme de compensation“ bezuele si déi elo zréck, d. h. de „mécanisme de compensation“ mécht Recetten. Dës Revenue finanzéieren en Deel vun der Stroum-präisbrem, déi zent am Kader vun der Tripartite decidéiert ginn ass, d. h. et fléissen iwwert dëse Wee Suen zréck un d'Consommateuren.

Grouss erneierbar Energie-Anlagen dogéint mussen hire Stroum direkt um Marché verkafen, hunn also e Risiko, a ginn zu „normalen“ Zäiten duerch eng „prime de marché“ op e gewësse Minimum ausgegla. Och dës „prime de marché“ gëtt iwwer de „mécanisme de compensation“ bezuelt. Well de Marchéspräis sou héich ass, entfält dës Prime am Moment, d. h. de „mécanisme de compensation“ muss keng Differenz bezuelen.

Fir d'„Zoufallsgewënner“ bei dëse groussen Anlagen ofzegraifen, gëtt et elo eng europäesch Reegelung, déi Lëtzebuerg dann och ëmsetze wäert. An Zukunft ass et denkbar, an éischt Analyse lafen dohingehend, datt duerch sougenannte „Contracts for Difference“ gesuergt gëtt, datt d'Ofgräife vun ze héije Recettë quasi automatesch funktionéiert an de „mécanisme de compensation“ net just Aspuerung mécht, mee och am Fall vun dësen Anlagen direkt Recetten.

ad 3. Den éirewäerten Deputéierte freet hei no engem Produit, dee vun enger privater Entreprise ugebuede gëtt. Dozou kann e Minister keng Ausso maachen.

ad 4. Wéi ech schonn e puermol betount hunn, ass en direkt Agräifen an de Marché eppes, wat immens gutt iwwerluecht wëll sinn, well dës e groussen Impact op de Stroumfloss iwwert d'Grenze kann hunn an domadder eis Versuergungssécherheet. Als Land, wat staark ofhängeg vun Energieimporter ass, muss mer hei besonnen oppassen. D'Europäesch Kommission huet do e Prozess ugestouss, deen et elo mol ofzewearden gëllt an un deem sech Lëtzebuerg konstruktiv bedeelege wäert.

#### Équipement de diagnostic à ultrasons des hôpitaux | Question 6792 (08/09/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Am medezinnesche Beräich sinn Dokter an op d'Hëllef vun technesche Geräter ugewisen. Dozou zielen och Ultraschallgeräter, mat deenen zuelräich Diagnose kënnen gestallt ginn. Dofir ass et vu gréisster Wichtigkeet, dass dës och um medezinnesch neiste Stand sinn.

An deem Zesammenhang wëllt ech der Ministesch fir Gesondheet dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch fir all Spidol opzielen, wéi vill Ultraschallgeräter déi verschidde Servicer/Dokteren hunn?

2. Kann d'Ministesch no Spidol an no Service opzielen, säit wéini genau dës Geräter a Gebrauch sinn, bezéiungsweis wéini se kaaft gi sinn?

3. Ginn et fir dës Zort vun technesche Geräter fest Fristen, no deenen si mussen ausgetosch ginn, fir e beschtméiglechen Diagnostik ze garantéieren? Wa jo, wéi eng wieren dat?

4. Ginn et technesch Krittären, no deenen dës medezinnesch Geräter ersat ginn, och wann d'Frist nach net ofgelaf ass? Wéi eng Roll spillt dobäi den technologesche Fortschritt?

**Réponse (11/10/2022) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**

D'Bedreiwung vun Ultraschallgeräter bedéngt keng ministeriell Autorisatioun, soudatt de Gesondheits-ministère keng Donnéeën dozou huet, wéi vill Ultraschallgeräter d'Dokteren, respektiv d'Servicer an de verschidde Spideeler hunn.

Ultraschallgeräter sollen am Prinzipp ëmmer konform zu den Instruktiounen vum Konstrukteur bedriwwen ginn an am Kader vun der technologescher Evolutioun ersat ginn. 8 Joer sinn do eng Referenz.

#### Incidents récents impliquant des fonctionnaires stagiaires du cadre policier | Question 6793 (08/09/2022) de M. Léon Gloden (CSV)

Il me revient que récemment des fonctionnaires stagiaires du cadre policier ont été mêlés dans des incidents avec des policiers, notamment dans un ou plusieurs bars luxembourgeois. Ils se seraient comportés de façon inadéquate par rapport à leurs « futurs collègues de travail ».

Ainsi, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

1) Est-ce que le Ministre peut confirmer ces faits ?

2) Est-ce que lors du recrutement, un « screening » des candidats est fait ?

3) Quelles sont les sanctions administratives qui sont appliquées en cas de constat de tel incidents impliquant des fonctionnaires stagiaires du cadre policier ?

4) Est-ce qu'il s'agit de cas isolés ou est-ce qu'il s'agit de cas répétitifs ? Quelles mesures est-ce que le Ministre entend prendre pour réduire le risque que des personnes qui ne seraient pas dignes à exercer le métier de policier soient engagées comme fonctionnaires stagiaires ?

**Réponse (21/09/2022) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure**

ad 1) Oui.

ad 2) Oui, l'article 58 de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale prévoit une enquête de moralité effectuée sur les candidats du cadre policier avant leur admission en stage. Celle-ci ne peut évidemment porter que sur des faits antérieurs à l'enquête.

ad 3) La loi du 18 juillet 2018 relative au statut disciplinaire du personnel du cadre policier s'applique également aux fonctionnaires stagiaires du cadre policier. Cette loi fixe la procédure disciplinaire ainsi que les éventuelles sanctions disciplinaires applicables.

De plus, la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale prévoit en son article 65 point 3° la possibilité pour le ministre de prononcer, sur avis du directeur général de la police, le retrait du statut de fonctionnaire stagiaire du cadre policier pour motif grave tant dans le service qu'en dehors du service.

ad 4) Les procédures de recrutement ont pour objet d'identifier les personnes qui ne disposent pas « des qualités morales nécessaires à l'exécution d'une des fonctions du cadre policier » et d'éviter que ces personnes ne soient engagées comme fonctionnaires stagiaires. Ces procédures ont par le passé permis d'écarter des candidats non adaptés.

Pour des cas isolés apparus pendant la période de stage, les procédures décrites sous 3) permettent de prendre des décisions au cas par cas.

#### Plateforme informatique nationale de données énergétiques | Question 6795 (08/09/2022) de M. Max Hahn (DP)

De françaischen Netzbedreiwer RTE huet zesumme mat der „Agence de transition écologique“ (ADEME) d'Plattform „Ecowatt“ ausgeschafft, déi d'Consommation am françaische Stroumreseau permanent iwwerwaacht an uweist, wou a wéini d'Belaaschtung am gréissten ass. Op déi Manéier kréien d'Benotzer en Iwwerbléck, wéini déi bescht Momenter sinn, fir verschidden elektronesch Geräter ze benotzen a wéini et manner gönschteg ass.

Zu Lëtzebuerg gesäit dat modifizéiert Gesetz vum 1. August 2007 iwwert d'Organisatioun vum Stroummarché d'Schafe vun enger „plateforme informatique nationale de données énergétiques“ vir.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:

1. Ass déi genannte Plattform zu Lëtzebuerg entretemps geschaaft ginn? Wann net, wat wieren d'Grënn a bis wéini soll se operationell sinn?

2. Kann den Här Minister informéieren, wéi eng präzise Funktiounen déi Plattform ubidde soll?

3. Ass virgesinn, d'Donnéeën vun dëser Plattform op déi eng oder aner Manéier der Effentlechkeet zur Verfügung ze stellen?

4. Wa jo, ass ugeduecht, eng mobil Applikation ze entwéckelen?

**Réponse (07/10/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie**

ad 1. Déi national Energiedateplattform gëtt aktuell implementéiert an ass nach net operationell. Den Transportnetzbedreiwer Creos Luxembourg SA huet schonn 2021, zesumme mat deenen anere Stroum- a Gasgestionnaire souwéi de Fournisseuren, mat deenen Aarbechten ugefaangen. Et handelt sech awer ëm en informatesche Projet vu grousser Envergure an enger Planungs- an Entwécklungsphas vun insgesamt e puer Joer. Den Zäitplang gesäit vir, dass déi éischt Versioun vun der Plattform am Summer 2023 wäert online goen. Hir komplett Funktionalitéit wäert d'Plattform viraussichtlech 2026 hunn. Wéi an der zweeter Fro duergestallt, kritt d'Plattform eng Rei Funktionalitéiten, déi all d'Acteuren um Energiemaart concernéieren, esou dass dësen Zäitplang fir de Projet duerchaus ambitiéis ass, notament am Verglach zu änleche Projeten, déi an Norwegen, Dänemark, Estland oder an der Belsch ëmgesat goufen.

ad 2. D'Plattform wäert an éischter Linn d'Roll vun engem zentralen Hub fir déi sougenannte Marchéskommunikation iwwerhuelen. Heibäi handelt et sech ëm d'Kommunikation tëschent Netzbedreiwer a Fournisseuren, a méiglechen anere Marchésacteuren, wéi Agregateuren, duerch déi Prozeduren, wéi d'Umeldung vun neie Clienten, Clientswisselen oder Plännervirgänger vollzu ginn, mee och Verbrauchsdonnéeën iwwerdroe ginn. Dës iwwert eng zentral Plattform



ofzewéckelen, wäert d'Zouverlässigkeet an d'Effikasitéit vun deenen Echangë staark verbesseren, an och d'Datesécherheet verstärken.

De Client wäert iwwert dës Plattform eng besser Asiicht a seng Energiedonnéee kréien an eng prezis Kontroll doriwwer, wéi eng Donnéeën e mat wéi engen Drëtte wëll deelen. Dat wäert et innovativen Entrepreneuren am Energieberäich méi einfach maachen, hir Servicer, z. B. am Beräich vun der Flexibilität oder Energieeffizienz, unzëbieden, déi wäerten de Clienten zeguttkommen an d'Energietransitioun facilitéieren.

Dës Dateplattform wäert et och méiglech maachen, Statistiken, souwuel fir d'Besoinen vun Administratiounen wéi dem ILR oder dem Statec, wéi och fir Recherchezwecker (Open Data), ze erstellen.

Eng Funktionalitéit wéi d'Plattform Ecowatt wäert déi Lëtzebuurger Energiedateplattform net direkt ubidden, well se op Marchésdonnéeën baséiert ass, an net op Real-Time-Donnéeën, déi aus deem Beräich vun der Netzbetriebplanung kommen.

Et gëtt awer aktuell zesumme mat Creos ënnersicht, ob eng änlech Applikatioun wéi de franséischen Ecowatt kann zu Lëtzebuerg kuerzfristeg ëmgesat ginn.

ad 3. Jo, d'Donnéee wäerten a konsolidierter Form an esou, dass kee Réckschloss op individuell Donnéeën méiglech ass, iwwert den Open Data zur Verfügung gestallt ginn.

Clientë wäerten iwwert d'Plattform och Accès op hir eegen Donnéeën kréien, an och kënnen Drëtten Accès drop ginn (z. B. Energieberoder, Agregateur, aner Serviceprovideren).

ad 4. Am Moment ass ee Web-Accès virgesinn, dee selbsterklärend och fir mobil Geräter optimiséiert wäert sinn. Ob eng Applikatioun wäert virgesi ginn, steet nach net fest. Heibäi ass ze bemerken, dass déi primär Aufgab vun der Plattform ass, Donnéeën de verschiddenen Acteuren zur Verfügung ze stellen. Et ass net de Rôle vun der Plattform, dës auszewäerten. Dës ass eng Aufgab vu Marchésacteuren, déi, soufern de Client dës erlaabt huet, d'Donnéee kënnen an hirer eegener App verschaffen an uweisen.

**Augmentation de la subvention d'intérêt et de la bonification d'intérêt suite à l'augmentation du taux d'intérêt directeur par la BCE** | Question 6798 (09/09/2022) de **M. Marc Spautz** | **M. Marc Lies** (CSV)

Déi Europäesch Zentralbank huet ugekënnegt, de Leetzëns ëm 0,75 Prozentpunkten an d'Luucht ze setzen. Dës Hausse wäert och zu méi héijen Zënsen op den Immobilieprête féieren, wat en direkten Impact op d'finanziell Situatioun vun de Leit huet, déi an Zäite vun héijen Energiepräisser schonn extreem beלאאcht sinn.

Fir d'Zënslaascht bei Immobilieprëten erofzesetzen, kënnen Leit ënnert verschiddene Konditiounen vun enger Subvention d'intérêt, respektiv vun enger Bonification d'intérêt, profitéieren.

An deem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Madamm Finanzministesch an un den Här Wunnungsbauminister stellen:

– Wëssend, dass d'Hausse ëm 0,75 Prozentpunkte vum Leetzëns am Euroraum d'Zënsen op den Immobilieprête beaflosst, ass Regierung bereet, d'Subvention d'intérêt, respektiv d'Bonification d'intérêt an der selwechter Gréisstenuerdung no uewen unzupassen, respektiv de maximale Plaffong eropzesetzen?

– Wéi eng aner Mesurë gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir deene betraffene Leit finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen?

**Réponse** (07/10/2022) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | **M. Henri Kox**, Ministre du Logement

Wéi schonn an der Äntwert op d'Fro 6066 ervirgestrach gouf, ass et net un der Finanzministesch, sech zu der Zënspolitik vun der Europäescher Zentralbank ze äusseren, déi dës onofhängeg bestëmmt, esou wéi dat an den europäeschen Traitée virgesinn ass. Et ass och net un der Finanzministesch, fir d'Präispolitik vun de Banken ze kommentéieren oder sech doranner anzemëschen.

Den Taux vun engem Immobilieprêt gëtt net eleng duerch de Leetzëns, mee och duerch eng ganz Rei aner Facteure bestëmmt. D'Banken kucken hei notament déi allgemeng Evolutioun vun den Zënsen op de Finanzmärkt, de Risikoprofill vum Client, d'Lafzäit vum Prêt an och den Apport personnel.

Wat den Impact vun der Evolutioun vun den Tauxen op d'Clienten ugeet, déi ee Prêt immobilier hunn, muss een den Ënnerschied maachen tëscht deene Leit, déi ee Prêt mat Taux fixe hunn, an deenen, déi ee mat Taux variable hunn. Fir Leit, déi sech fir een Taux fixe entscheet hunn, ännert sech näischt, wann d'Zënsen erop oder erofginn.

Banken, déi Immobiliekreditter verginn, maache fir all Dossier mat Taux variable Simulatiounen mat steigenden Zënsen, fir sécherstellen, dass de Clienten hir Capacité de remboursement och am Fall vu méi héijen Zënse garantéiert ass. Ass dës net de Fall, dann accordéiert d'Bank de Prêt am Reegelfall net. Zum engen, fir de Client virun enger Iwwerverschëldung, zum aneren, fir sech selwer virun engem Kredittausfall ze schützen. Dës si Reegelen, déi d'Banken müssen am Kontext vun der „Mortgage Credit Directive“, esou wéi se an d'Lëtzebuurger Gesetzgebung ëmgesat gouf, anhalen.

Generell ass et net d'Roll vu Regierungen, fir eventuell Zënshaussen oder Zënssbäissë vun der Zentralbank ze kompenséieren. Et ass an deem Kader dorop hinzewiesen, datt et vum Wunnungsbauministère eng Rei Aidë gëtt, déi u sozial Krittere gebonne sinn, fir de Leit den Zougang zur Wunnproprietéit ze erliichteren. Hei gëtt et notament och eng Zënssubventioun, déi ausbezuelet gëtt jee no Héicht vum Akommes a vun der Zesummesetzung zum Stot.

Am Kader vum Gesetzesprojet 7937, deen de Wunnungsbauminister de 24. Dezember d'lescht Joer an der Chamber deposéiert huet, sinn notament eng Rëtsch Verbesserung virgesinn:

- d'Zënssubventioun an d'Zënssubventioun gi fusionéiert, fir méi Gerechtegkeet, Transparenz a Verständlechkeet fir de Bierger ze erreechen;
- den eligibele Montant fir d'Subventioun gëtt vun 175.000 Euro op maximal 240.000 Euro gehuewen, fir eng Famill mat véier a méi Kanner;
- d'Eligibilitéit vun der Zënssubventioun gëtt gehuewen, esou datt méi Stéit kënnen dovunner profitéieren;
- d'Konditioun, datt d'Hëllef muss zréckbezuelet ginn, wann ee keng 10 Joer an der Wunneng selwer wunnt, gëtt reduzéiert op 2 Joer;
- d'Leit kréien en Urecht op 300 Versemente vun der Hëllef, esou datt d'Hëllef kann iwwert 25 Joer ausbezuelet ginn, an dat och iwwert méi verschidde Kreditter, am Fall wou eng Famill eventuell aus engem Studio an e gréisstert Appartement plënnert.

Doriwwer eraus gëtt och d'Spuerprimm substanzuell an d'Luut gesat, fir d'Leit ze encouragéieren, am Virfeld vum Kaf vun enger Wunneng, dat néidegt Startkapital unzuspieren.

Fir weider Detailer verweise mer op déi parlamentaresch Dokumentatioun zum Gesetzesprojet.

**Instructions pour la police dans le cas d'un « blackout »** | Question 6802 (09/09/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Pannen oder soss Problemer am Stroumreseau kommen zu Lëtzebuerg seel vir. Am Fall vun engem sougenannte „Blackout“ gëtt séier dru geschafft, fir d'Netz erëm un d'Lafen ze kréien. Gläichzäiteg muss awer och fir d'Sécherheet vun de Biergerinnen a Bierger während engem Blackout gesuergt ginn.

An deem Zesummenhang wëilt ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froen stellen:

1. Si Pläng opgestallt ginn, wéi d'Police soll reagéieren am Fall vun engem nationale Blackout?
2. Si Pläng opgestallt ginn, wéi d'Police soll reagéieren am Fall vun engem lokale Blackout?
3. Wat sinn an deem Fall d'Prioritéiten fir d'Police?
4. Wéi eng Acteure ware beim Ausschaffe vun dëse Pläng mat involvéiert?

**Réponse** (05/10/2022) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1., 2. a 4. Als Deel vun der Continuité du service huet d'Police sech zënter Laangem schonn d'Moyene ginn, fir am Fall vun engem Blackout hir essenziell Missioun weider kënnen ofzedeken. Dës Continuité du service mécht spezifesch Pläng onnéideg. Déi kritesch Gebaier a Servicer vun der Police sinn technesch esou opgestallt, dass si am Fall vun engem Blackout – jee no Unitéit – vu mindestens enger Stonn bis zu e puer Deeg fir den Noutruff 113 an déi national Asazentral autonom kënnen funktionéieren. All neie Kommissariat gëtt deementspreechend ausgerüst an den interne Kommunikationsreseau ass och géint e Blackout geschützt.

ad 3. Am Fall vun engem Blackout sinn d'Hauptprioritéiten vun den operationellen Unitéiten, d'Oprechterhaltung vun der öffentlecher Uerdnung an d'Sécherheet vun Bierger ze garantéieren.

Sämtlech disponibel Effektiver gi fir sou Interventiounen zur Verfügung gestallt.

**Comptes de réseaux sociaux de membres du Gouvernement** | Question 6803 (09/09/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Den offiziellen Instagram-Account vum Energieministère ass duerch Likes vu Posts vu grénge Parteimembere opgefoll. Op de sozialen Netzwerke ass et esou, dass all Interaktioun, all „Engagement“ d'Räichwäit vun engem Post erhéicht. Duerch ee Like vun engem Account gëtt de Post da vu méi Leit gesinn.

An de Froen Nr. 0633 an Nr. 0948 hat ech scho Froen zu engem Code de déontologie, deen d'Benotze vu Social Media vun den eenzele Ministere reegelt, gestallt. De Premierminister konnt mir dee Moment keng Äntwerten op meng Froen ginn.

An deem Zesummenhang wëilt ech dem Premierminister an de Ministere fir Kommunikatioun a Medien an Energie dës Froen stellen:

1. Wéi stinn d'Ministernen dozou, dass hei een offiziellen Account vun engem Ministère Contenu vum Parteipresident vum Minister liked?
2. Ginn d'Ministernen sech Reegelen, wéi mam Contenu vu Politiker a politesche Parteien ëmzegoen ass? Wa jo, wéi eng? Wann nee, firwat net?
3. Gëtt hei een Ënnerschied gemaach tëscht dem Contenu vun der eegener Partei an dem Contenu vun anere Parteien?

**Réponse** (23/09/2022) de **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

D'Regierung verweist op hir Äntwerten op d'parlamentaresch Froen Nr. 0633 an Nr. 0948 an op d'Responsabilitéit vun de Ministère fir d'Gestioun vun hire perséinleche Konten an deene vun hire Ministèren op de soziale Reseauen.

**Mesures dans le domaine de la biodiversité** | Question **6805** (09/09/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Zanter Jore ginn et verschidde Biodiversitéitsprogrammer an der Landwirtschaft, un deenen d'Bauere kënnen fräiwëlleg deelhuefen. Op dese Flächen dierfen da keng Planzeschutzmëttele méi ausbruecht ginn. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch an un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

1. Gëtt bei alle landwirtschaftleche Flächen, déi scho méi laang an engem Biodiversitéitsprogramm dra sinn an op deene keng Planzeschutzmëttele ausbruecht goufen, en detailléierte Monitoring bei den eenzele Parzelle gemaach?
2. Wa jo, wat sinn d'Resultater vun dësem Monitoring a wat fir Konsequenzen zitt den zoustännige Ministère doran?
3. Wéi gesäit op dese Flächen d'Entwécklung bei der Fauna aus, méi speziell beim Bestand vun de Bodenbrüter an den Amphibien?
4. No wat fir enger Method gëtt de Monitoring zu den Amphibien an de Bodenbrüter gemaach?
5. A wat fir zäitlechen Ofstänn gëtt d'Datenerfassung gemaach, wou ginn d'Resultater archivéiert a wou kann een se consultéieren?
6. Wann nee, firwat gëtt kee Monitoring gemaach?

**Réponse** (11/10/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Nee, et gëtt kee systematesche Monitoring vun alle landwirtschaftleche Flächen, déi ënnert engem Biodiversitéitsprogramm bewirtschaft ginn. Awer et ginn divers Monitoringen, déi et erlaben, wëssenschaftlech fundéiert Réckschlëss an deem Beräich ze zéien:

Säit 2016 organiséiert de MECDD ee Monitoring vun de Biotopen, déi am Kader vum sougenannten „Offenlandbiotopkataster“ tëschent 2007 an 2012 erhuewe goufen. Dëst erlaabt et, d'Entwécklung vum Erhaltungszustand vun de Biotopen an Habitats konform zu den Artikelen 11 a 17 vun der Habitatdirektiv 92/43/CEE ze evaluéieren an an der Zäit ze suivéieren.

Aus budgetäre Grënn, mee och aus dem Grund, datt nëmmen eng geréng Zuel un akkreditéierten Experten zur Verfügung steet, ass dese Monitoring just mat Stéchprouwe-Verfahre méiglech. D'Resultater vun dësem Monitoring ginn engersäits dem Observatoire de l'environnement naturel<sup>24</sup> a reegelméissegem Ofstänn virgeluecht an anerersäits erméiglecht dese Suivi de Reporting un déi europäesch Kommissioun, deen all d'EU-Memberstaate mussen am Sechsjoresrhythmus ofliwweren. Dese Monitoring ass net spezifesch op Fläche mat engem Biodiversitéitskontrakt ausgeriicht,

mee d'Iwwerschneidungen, déi et ginn, erlaben et, Aussoen ze maachen. Sou schlussfolgert den Observatoire de l'environnement naturel notament „Legt man Biodiversitätsverträge und Biotopkataster übereinander, so zeigt sich, dass im Vergleich mit 2011 im Jahr 2018 eine größere Anzahl an Biotopen besser geschützt sind [...]“.

Et gëtt awer och eng generell Begleedung vun de biologesche Statiounen fir d'landwirtschaftlech Betriber assuréiert, mam Zweck, datt d'Biodiversitéitskontrakter an d'Ausféierung dovunner besser encadréiert ginn. Sou ka bei spezifesch Frostellungen eng Analys vun Terrainen mat engem Biodiversitéitskontrakt gemaach ginn, respektiv ka wann néideg d'Gestioun deementspreechend ugepasst ginn, datt d'Resultater souwuel fir de landwirtschaftleche Betriber, wéi och fir d'Ökologie vun der Fläch optiméiert ginn.

Vereenzelt biologesch Statiounen maachen ausserdeem een eegene fachleche Monitoring – iwwert déi generell Begleedung eraus – vun hire realiséierte Moossnamen, ouni datt dës Resultater systematesch vum Ministère géifen evaluéiert ginn. Verschiddener vun dese Monitoringen ginn och vun den eenzele biologesche Statiounen publizéiert; sou ee Beispill gëtt an der zweeter Fro duergeluecht.

2019 huet de Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung eng Etüd an Optrag ginn, fir den Effekt vun enger minimaler Düngung (50 kg N) an enger null Düngung op déi floristesch Biodiversitéit vu Wäsen ze analyséieren. Hei sinn och Biodiversitéitsparzelle mat betraff. D'Etüd huet eng Lafzäit vu fënnf Joer.

ad 2. Wéi an der éischter Äntwert explizéiert, gëtt et kee systematesche Monitoring vun alle landwirtschaftleche Flächen, déi mat engem Biodiversitéitsprogramm bewirtschaft ginn. Dëst ass awer och net onbedéngt néideg, well déi disponibel wëssenschaftlech Erkenntnisser et erlaben, eng generell positiv Evaluatioun vun esou Mesuren ze constatéieren.

Wéi an der viregter Äntwert ugedeit, huet z. B. de fachleche Monitoring vun Offelandbiotopen an eng Vergläichsetüd erginn, datt dës Programmer mat hire finanziellen Entscheedungen eng ganz wichteg Kontributioun leeschte fir den Erhalt vun deem ze schützenden, aarteräiche Gréngland<sup>25</sup>.

Am Kader vun der genereller Begleedung vun de Biodiversitéitskontrakter, a falls déi erwünschten ökologesch Verbesserung net antrëtt oder net an deem Ausmooss antrëtt wéi gewünscht, gëtt mam Exploitant gekuckt, fir dee Projet au cas par cas unzupassen.

ad 3. Op den ënnersichte Fläche sinn d'Resultater positiv.

Zu Lëtzebuerg si besonnesch d'Fiichtflächen ënner extensiver Beweedung héich interessant fir Bodenbrüter, speziell fir déi, déi zu Lëtzebuerg iwwerwänteren (Bekassinn, Zwergschneppe, Waasserpiipert). Als Bodenbrüter, déi och zu Lëtzebuerg Brutvulle sinn, sinn d'Schwarzbräschchen an de Feldschwirl ervirzehiewen, déi méi Territoiren op Flächen haten ënner Biodiversitéitsprogramm (z. B. „Mensder Brill“, Fläch „Belgrad“ zu Fréiseng), wéi op Kontrollflächen, déi intensiv bewirtschaft ginn.

Wat d'Amphibien ubelaangt, sinn dës och virun allem op Fiichtflächen spezialiséiert. Eng éischt Evaluatioun vun der Naturverwaltung (ANF) huet erginn,

dass duerch d'Absence vu Befuere mat grouse landwirtschaftleche Maschinnen op extensive Weeden, sech speziell jonk Amphibië gutt entwéckelen an sech nei Habitats ausbreede kënnen. Weider Monitoringen si geplangt an zwar notament zu de Waasserbüffelflächen am Syrdall an am Uelzechtdall.

ad 4. De Monitoring beinhalt eng reegelméisseg Begleedung duerch Fachleut no enger wëssenschaftlecher Methodik, déi un déi jeeweileg taxonomesch Grupp ugepasst ass. Déi gëtt dann am Respekt vum Déierschutz duerchgefouert.

ad 5. Déi zäitlech Ofstänn hänke vun der Methodik a vun der taxonomescher Grupp of. D'Donnéen gi vum jeeweilegen Expert an d'Rekorderdatebank vum MNHN (Musée national d'histoire naturelle) aginn. Dës Datebank ass och fir de Public zougänglech.

ad 6. Wéi an der éischter Äntwert beschriwwen, gi Monitoringen gemaach, déi et erlaben, eng fachlech Ausso ze treffen.

**État des forêts** | Question **6806** (09/09/2022) de **Mme Cécile Hemmen** (LSAP)

Souwuel beim Ëmweltschutz wéi och am Kampf géint de Klimawandel spillt den Ökosystem Bësch eng essenziell Roll. Oft steet de wirtschaftlechen Aspekt vum Bësch, an domat d'Gewanne vun Holz am Vordergrund. Aus dese Grënn sinn an der Vergaangenheet virun allem Fichten a Kiefere genotzt ginn, Beem, déi et eigentlech léiwer kal hunn. Déi héich Temperaturen, souwéi Dréchent hunn an Däitschland dozou gefouert, dass Hektare Bësch mat Monokulture vun dese Beem ofgestuerwe sinn. Zu Lëtzebuerg gi spéitstens säit den 2000er Joren Nolebëscher a Mëschbëscher ëmgewandelt.

Trotzdem mécht de Klimawandel de Bëscher nach ëmmer ze schafen. An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3905 huet déi deemoleg Ministesch op e Workshop verwisen, bei deem et ëm d'Adaptatioun vun de Bëscher un de Klimawandel sollt goen.

An deem Zesummenhang wëll ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Manifestéiert sech d'Bëschstierwen, wéi et an Däitschland ze gesinn ass, och zu Lëtzebuerg?
2. Wéi ass den aktuelle phytosanitäre Zoustand vun eise Bëscher?
3. Wéi huet sech d'Verhältnis vu Mëschbëscher an Nolebëscher, respektiv Monokulture säit den 2000er Joren entwéckelt?
4. Wéi eng Bamaarte ginn aktuell geplangt?
5. Wéi eng Konklusiounen konnten am Kader vum beschwate Workshop gezu ginn?
6. Wéi vill Primme goufen am Kader vum „Klimabonusbësch“ ugefrot an accordéiert?

**Réponse** (27/09/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Jo, och zu Lëtzebuerg konnt een an deene leschte Joren eng Verschlechterung vum Gesondheitszoustand vun de Bëscher beobachten. Et kann een allerdéngs net vun engem globale Bëschstierwe schwätzen, et ass éischter esou, dass sech de Gesondheitszoustand vun de Beem an de Bëscher verschlechtert an d'Mortalitéit innerhalb vun de Bëschbestänn zougeholl huet. Duerch déi extreem klimatesch Bedéngungen an de Joren 2018–2020 an och erëm dës Joer si vill Beem duerch de Waassermangel an déi héich Temperature

<sup>24</sup> [https://environnement.public.lu/content/dam/environnement/documents/natur/biodiversite/observatoire\\_env\\_nat/2022/Rapport-de-l-Observatoire-de-l-environnement-naturel-2017-2021.pdf](https://environnement.public.lu/content/dam/environnement/documents/natur/biodiversite/observatoire_env_nat/2022/Rapport-de-l-Observatoire-de-l-environnement-naturel-2017-2021.pdf)

<sup>25</sup> Wolff, C., Colling, G., Naumann, S., Glesener, L. & S. Schneider, 2020. Erfolgreicher Erhalt von artenreichem Extensivgrünland im Zentrum und Südwesten Luxemburgs – eine erste Bilanz. Tuexenia 40: 247–268. Göttingen.



physiologesch un hir Grenze komm. Besonnesch staark hunn déi Bëscher gelidden, déi op Grenzertragsstanduerten stoungen oder déi op Standuerten geplanz goufen, wou se net higehéieren. Dat huet am Fall vun de Fichtebëscher, déi jo meeschtens als Monokulture geplanz goufen, dozou gefouert, dass Honnerte vun Hektare vum Borkenkäfer befall gi sinn an ofgestuerwe sinn. Mee och d'Buche-bëscher hunn an deene leschte Jore staark ënnert de Klimabedéngunge gelidden, op ville Standuerten weist sech dat duerch een insgesamt méi schlechte Gesondheitszoustand an eng erhéicht Mortalitéit bei de Beem.

Déi positiv Entwécklung vum Joer 2021 war 2022 net méi ze erkennen. De Gesondheitszoustand vun eise Bëscher huet sech 2022 erëm verschlechtert. Den Undeel vu Beem, déi sech an engem schlechten Zoustand befannen, huet mat 61,7 % een neie Maximum erreicht. Den Undeel vu Beem, déi däitlech Schuedsymptomer opweisen, ass am Verglach zu 2021 ëm ca. 10 % eropgaangen, während den Undeel vu Beem ouni siichtbar Schied ëm ca. 1 % erofgaangen ass an elo bei 15,4 % läit.

No den dräi relativ dréchenen a waarme Joren 2018–2020 si klimatesch Bedéngunge fir d'Bëscher 2021 gënschteg gewiescht. Nodeems dass d'Beem sech 2021 kuerzfristeg erhuele konnten, huet déi extreem Dréchent vun 2022 awer erëm dozou gefouert, dass de Gesondheitszoustand vun de Beem sech weider verschlechtert huet (Grafik 1).

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

ad 3. An den ëffentleche Bëscher ginn haaptsächlech eenheemesch Lafbamaarte geplanz, woubäi ëmmer dorops opgepasst gëtt, dass dës Bamaarten optimal un de Standuert ugepasst sinn, an dat souwuel haut wéi och mam Bléck an d'Zukunft bei verännerten Ëmweltbedéngunge bedéngt duerch de Klimawandel. Bei de Planzunge gëtt versicht, méi Bamaarten zesummen ze planzen, fir de Risiko duerch den Ausfall vun enger Bamaart ze verréngeren.

Wat d'privat Bëscher betrëfft, do gëtt et just Informatiounen iwwer déi Plantatiounen, déi vun enger staatlecher Bähëllef profitéiert hunn. D'Konditiounen, fir esou eng Bähëllef kënnen ze kréien, sinn esou definéiert, dass ee standuertgerecht an haaptsächlech eenheemesch Bamaarte muss planzen. D'Plantatioune mussen ausserdeem aus méi Bamaarten zesummesat sinn, kënnen awer zu engem klengen Undeel och aus standuertgerechten Nolebamaarte bestoen.

ad 4. D'Konklusiounen aus dësem Workshop sinn am Fréijoer 2022 an engem Rapport festgehalen ginn, den een op folgendem Site ka fannen:

<https://environnement.public.lu/content/dam/environnement/documents/for%3C%3Aat/rapport-gtresilience-forets-luxembourg-20220530.pdf>

Als Konsens aus dësem Workshop si folgend Punkten als besonnesch wichteg fir d'Stärkung vun der Resilienz vun de Bëscher betruucht ginn:

1. D'Bamaartevillfalt an de Bëscher soll erhéicht ginn.
2. D'geneetesche Villfalt an de Bëscher soll bäibehalen, respektiv esouguer erhéicht ginn.
3. Et soll versicht ginn, méi eng grouss Villfalt vun de Strukturen an de Bëscher ze erzielen.
4. D'Agrëffer an de Bëscher sollen esou duerchgefouert ginn, dass d'Stëerungsresistenz vun de Beem erhalen oder esouguer erhéicht gëtt.
5. D'Infrastrukturen an de Bëscher sollen esou ugepasst ginn, dass d'Bëscher méiglechst geschount ginn.

ad 5. D'Verhältnis tëschent de Laf- an den Nolebëscher huet sech tëschent de Joren 2000 an 2010 net

substanzieel geännert. Iwwert d'ganz Land gekuckt louch den Undeel vu Lafbëscher 2010 bei ca. 67 % (cf. Tabell 2 hei ënnen drënner).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Méi rezent Zuele gëtt et net. D'Opname vum nächsten Inventaire forestier national (IFL3) fänken eréischt Enn 2022 un. Et kann een allerdéngs dovun ausgoen, dass den Undeel vun de Lafbëscher sech duerch déi vill Fichtebëscher, déi duerch de Borkenkäfer zerstéiert gi sinn, erhéije wäert.

ad 6. Nodeems dass de Bähëllefprogramm vum Klimabonusbëscher 2021 agefouert ginn ass, gesäit de Stand folgendermoossen aus:

- 368 Ufroe goufen eragereecht;
- 343 Ufroe goufen accordéiert;
- 1 Ufro gouf refuséiert;
- 24 Ufroe sinn nach an der Prozedur.

Dat sinn eng ronn 5.160 ha Bësch an entsprécht 20 % vum private Lafbësch.

#### Risque d'une guerre nucléaire | Question 6808 (09/09/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

De 7. September war an der „Washington Post“ ze liesen, dass den Här General Zaluzhny, Chef vum ukraineschen État-major, de Risiko, dass déi féierend global Militärmuechten direkt an eng bewaffnet nuklear Auseinandersetzung an domat en drëtten Weltkrich an der Ukrain mat eragezu ginn, net méi weider ausschléisse wëllt.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung hir allgemeng Positioun zu der Ausso vum héijen ukraineschen Offizéier elaboréieren?

2. Kann d'Regierung matdeelen, ob si an dësem ëmmer méi immanente Risiko vun engem Nuklearkrich eng Ursach gesäit, fir hir aktuell Politik ze iwwerdenken an och kuerzfristeg op eng diplomatesch Léisung tëschent Russland an der Ukrain hinzeschaffen?

Réponse (29/09/2022) de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes | M. François Bausch, Ministre de la Défense

ad 1. Et handelt sech an dësem Fall ëm d'Meenung vun engem ukraineschen Offizéier, déi nëmmen hien engagéiert an déi d'Regierung net kommentéiert.

ad 2. D'Positioun vun der Regierung ass grondsätzlech ëmmer, fir friddlech Léisungen ze fannen an ze ënnerstëtzen. Russland, dat dës Krich ausgeléist huet, ass leider nach ëmmer net bereet, ze verhandelen an all militäreschen Aggressiounen anzustellen

#### Transport scolaire | Question 6809 (09/09/2022) de M. André Bauler (DP)

Rezent Ännerungen un de Buspläng féieren dozou, dass d'Schoukanner vu Bierschent an Émgegëgend, déi mat der Linn 134 op Dikrech an de Kolléisch an an den Nordstad-Lycée fueren, mat spierbaren Zäitverloschter musse rechnen, dat duerch ze laang Waardezäiten zu Ettelbréck op der Gare an duerch dagdeeglech Stauen, déi et schwéier maachen, den Uschloss un den nächste Bus ze kréien.

Momentan ass den neie Bus-Horaire sou ugeluecht, dass etlech Elteren a Schüler, déi schonn de Füherschäin hunn, mam Auto op Dikrech wäerte fueren,

amplaz op den ëffentlechen Transport zréckzegräfen. Mam Auto braucht een nämlech ronn 20 Minutte fir op Dikrech, mam ëffentlechen Transport sinn d'Schüler dacks méi wéi eng Stonn ënnerwee; dat, well de Busplang net adequat un den Horaire vun der Schoul adaptéiert ass, respektiv well d'Schüler, déi vun Dikrech kommen, zu Ettelbréck mussen ëmsteigen an do vill ze laang musse waarden, ier si eng Verbindung fir op Bierschent kréien.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

1. Ass den Här Minister bereet, fir een direkte Bus vu Bierschent op Dikrech fueren ze loosse, soudass d'Schüler ënner gudden Konditiounen an d'Dikrecher Lycée gefouert kënnen ginn?

2. Firwat gouf de Bus, deem um 7.24 Auer zu Bierschent fortgefuehert ass, ofgeschafft, obwuel dës fir d'Schüler déi mannsten Zäitverloschter mat sech bruecht huet?

3. Firwat firt de Bus K19 just op d'Bierschtermillen an an d'Schlënn, mee awer net op Bierschent selwer?

Réponse (27/09/2022) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. D'Verwaltung fir ëffentlechen Transport huet fir d'Rentrée 2022/2023 eng zousätzlech Schülerlinn „K45 Tadler–Bourscheid–Buerden–Ettelbruck“ agefouert. Dës ass moies verbonne mat der besteënder Schülerlinn „K34 Ettelbruck–Diekirch“. Esou kënnen d'Schüler vu Bierschent an Émgegëgend ënner besserer Konditiounen an d'Dikrecher Lycée gefouert ginn.

ad 2. De Bus ass an deem Sënn net ofgeschafft ginn, mee duerch déi nei Schülerlinn „K45“ ersat ginn.

ad 3. Vun der Topographie hir ergëtt et méi Sënn, dass déi nei Schülerlinn „K45“ op Bierschent firt anstatt der Schülerlinn „K19“.

#### Accord bilatéral de solidarité sur le partage de gaz | Question 6810 (12/09/2022) de M. Laurent Mosar (CSV)

Momentan befénnt sech d'Europäesch Unioun an enger Energiekris. Virun allem Däitschland ass besonnesch betraff, well sech hei iwwert déi lescht Joren eng héich Ofhängegkeet vu russeschem Gas opgebaut huet. Dofir huet laut engem „Welt“-Artikel d'Bundeswirtschaftsministerium ugefroet, ob Lëtzebuerg bereet wier, e Solidaritéitsofkomme mat Däitschland ofzeschleissen, dat am Noutfall géif Äerdgasliwwerungen an Däitschland verflüchtend maachen. Laut dem Artikel huet Lëtzebuerg dat awer, genau wéi Holland an d'Belsch, ofgeleent, opgrond vun der ongeklärter Fro vun Entschiedegungsfuerderunge vun auslänneschen (dat heescht an onsem Fall vu Lëtzebuergeschen) Entrepreneuren, déi dann op de Gas misste verzichten, fir an Däitschland déi kritesch Infrastruktur ze versueren.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Energieminister stellen:

– Kann de Minister confirméieren, dass Däitschland e Solidaritéitsofkomme iwwert Gasliwwerunge wollt ofschleissen an dat net vun onser Regierung guttgeheescht gouf?

– Wa jo, wat sinn déi genau Grënn fir dës Entscheedung?

Réponse (12/10/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

Dat europäescht Reglement 2017/1938 iwwert d'Versuerungssécherheet am Gas gesäit vir, dass all

Memberstaat mat senger Gasnoperen solidaresch muss sinn.

Solidaritéit tëscht zwee Nopeschlänner, déi eng gemeinsam Gasverbindung hunn, soll da spillen, wann ee Land Problemer huet, seng geschützte Clienten, dat heescht Haushaltsclienté souwéi essenziell Service, nach ze beliwieren.

E Memberstaat kann an esou engem Moment Solidaritéit bei senger Gasnoperen ufroen, nodeems all Moossnamen op nationalem Niveau, wéi zum Beispill Ofschalt vum net geschützte Clienten, net déi néideg Gasvolumen erbruecht hunn.

Solidaritéitsofkommessen, déi am Reglement définiert ginn, leeë Konditiounen an och Entscheedungsberechnungen fest fir de Fall, wou esou eng Hëllef vum engem Nopeschland ugebuede gëtt. Et sief hei awer och betount, dass dat uewe genannt europäesch Reglement och Dispositiounen enthält, déi unzeweende sinn, och wann nach keen Accord tëscht de betraffene Länner sollt bestoen. An esou engem Fall mussen déi betraffene Länner sech iwwer néideg Ad-hoc-Moossnamen eens ginn an dat Land, dat Solidaritéit ugefrot huet, engagiert sech, deem Land, dat Solidaritéit ugebueden huet, eng schnell a fair Entscheedung ze bezuelen.

Vun den insgesamt iwwer 40 bilateralen Accorden, déi an Europa ofgeschloss solle ginn, sinn der bis elo eng sechs effektiv ënnerschriwwen ginn. Verhandlungen iwwer e méiglechen Text goufe vum Däitschland zesumme mat all senger Gasnoperen am Joer 2018 ugestouss, mam Zil, eng Virlag auszeschaffen, déi fir déi bilateral Ofkommesse vun de jeeweilege Länner kéint benotzt ginn.

Lëtzebuerg ass intensiv a Gespréicher mat Däitschland a mat der Belsch, fir esou Solidaritéitsofkommessen ze ënnerschreiwen. An deem Sënn gouf och e Memorandum of Understanding (MoU) tëscht de Belschen a lëtzebuergeschen Energieministèren ënnerschriwwen, fir hir Absicht, fir d'Versuergungssécherheet an hirem gemeinsame Gasmarché weider ze verbesseren, ze ënnersträichen. Heizou gehéiert och en zäitnot ënnerschreiw vum engem bilaterale Solidaritéitsofkommesse. D'Verhandlungen mat den däitschen Noperen sinn och scho wäit virgedriwwen, allerdéngs aktuell nach net ofgeschloss.

Opgrond vun der Envergure a Komplexitéit vun der Matière mussen fir verschidde Punkten nach Léisungen fonnt an negociéiert ginn, esou wéi zum Beispill fir d'Entscheidungungen am Fall, wou Solidaritéit ugebuede gëtt. Opgrond vum gemeinsame Gasmarché mat der Belsch ass fir de Moment virun allem wichtig, dass d'Belsch a Lëtzebuerg eng gemeinsam Linn mat hiren Noperen fueren, an dofir hunn d'Belsch a Lëtzebuerg elo absolutt Prioritéit op de belsch-lëtzebuergeschen Accord geluecht, ier si mat hiren anere jeeweilegen Noperen weider verhandelen. Zil ass, dass d'Belsch ee ganz änlechen Accord mat Däitschland ofschléisst wéi Lëtzebuerg, well déi zwee Länner sech eeben eng gemeinsam Maatzon deelen. D'Verhandlungen mat Däitschland wäerten erëm opgehooll ginn, soubal dës Punkte gekläert sinn.

**Livres scolaires** | Question 6812 (12/09/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

Laut Ministère komme vum Schouljoer 2023/2024 gréisser Ännerungen op d'Librairien duer, déi mam Ministère konventionéiert si fir de Verkauf vun de gratis Schoulbicher fir d'Lycéeën. D'Fédération luxembourgeoise des libraires huet un déi betreffend

Librairien ee Formulaire geschéckt, fir chiffréiert Informatiounen iwwer de Verkauf vu Schoulbicher am Kader vum Programm „mybooks.lu“ ze kréien. Bei deemem Sondage huet op d'mannst eng vun de concernéierte Librairien op d'Fro « Quelle serait la conséquence pour votre librairie si le MEN/SCRIPT ne faisait plus un appel à partenariat dans le cadre du GMS/mybook.lu? » d'Case « Impact majeur: risque de fermeture de la librairie » cochéiert.

Am Kontext vun der Diffusioun vun de Schoulbicher fir d'Rentrée scolaire 2022/2023 gëtt et eng Ännerung, wat d'Schoulbuch „Envol“, Tomes 1, 2 an 3 ueget, dat bis elo ëmmer vum Lehrmittelverlag Zürich iwwer eng Lëtzebuerg Distributiounslibrairie ausgeliewert gouf. De 6. Juli 2022 kruten déi mam MEN konventionéiert Librairien eng E-Mail vum SCRIPT, an där annoncéiert gouf, dass de SCRIPT vun der Rentrée scolaire 2022/2023 un d'Ausliwwerung un d'Librairien iwwerhuele géif. De Verkaufspreis wéi och d'Remise libraire géifen onverännert bleiwen, awer d'Retour vun de Schoulbicher géifen net méi akzeptéiert ginn. Déi betreffend Librairien hate vum Ufank u beim Lehrmittelverlag Zürich en Droit de retour vun 20 %. Souguer bei deene Schoulbicher, déi vum Ministère selwer editéiert ginn a vum Centre des technologies de l'information de l'État (CTIE) ausgeliewert ginn, hate si en Droit de retour vu 15 %. Doriwwer eraus konnte si déi Bicher, déi net méi um Programm stinn, zrëckginn.

An deem Zesammenhang hunn ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

1. Bleift de System „MyBooks“ exklusiv fir déi Librairien, déi zu Lëtzebuerg etabléiert sinn an déi mam Ministère konventionéiert sinn, zu deene selwechte Konditiounen bestoen?
2. Wéi vill Prozent vun de Schoulbicher wäerten an Zukunft just nach als E-Book um Programm stoen?
3. Wäert d'Distributioun vun deenen E-Books zukünftig iwwer d'Librairien ofgewéckelt ginn?
4. Op wéi enger legaler Basis kann de SCRIPT an d'Privatwirtschaft agräifen, andeems dese Service decidéiert, d'Distributioun vun de Schoulbicher an domat d'Konditiounen fir d'Librairien, déi scho laang bestinn, zu deenen hirem Nodeel ze änneren? Missen net déi selwechte Konditiounen erhale bleiwen, wann de SCRIPT als Successeur d'Distributioun iwwerhëlt?
5. Missen net weinstens déi selwechte Konditiounen fir den Droit de retour bestoe bleiwe wéi beim CTIE, also op d'mannst 15 %?

**Réponse** (06/10/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Am Kader vum Gratuitéitsprogramm fir den Enseignement secondaire schafft den Educationsmistère weiderhi mat all deene Lëtzebuerg Librairien zesummen, déi all Schouljoer op en Neits d'Konditiounen vun der entsprecherender Soumissioun erfüllen. D'Applikatioun [www.mybooks.lu](http://www.mybooks.lu) wäert och déi nächst Joren als zentral Plattform vum Gratis-schoulbuchprogramm déngen.

ad 2. Wéi héich den Taux vun den digitale Schoulbicher am Secondaire an Zukunft wäert leien, ass net virauszagesinn. Den Uendeel vun den E-Book-Versionen un alle Schoulbicher hântk vun der editorialer Offer a vu pädagogesch-didaktischen Decisiounen of, déi an de Programmkommissiounen getraff ginn.

ad 3. D'Distributioun vun den obligatoreschen Schoulbicher am E-Book-Format wäert och an Zukunft net iwwer d'Librairien ofgewéckelt ginn.

ad 4. Als Distributeur huet de SCRIPT keng legal Obligatioun, en Droit de retour vun 20 % ze accordéieren.

ad 5. Duerch den Ëmstand, dass de SCRIPT am Kader vun der Distributioun vum Schoulbuchtitel „Envol“ keen Droit de retour zouléisst, entsteet der eenzeler Librairie kee finanziellen Nodeel. Et steet all Librairie fräi, méi dacks méi kleng Quantitéiten ze bestellen. Doduerch gëtt en Droit de retour de facto onnéideg.

**Projet pilote d'alphabétisation en français** | Question 6813 (12/09/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

De 5. September war de Grondschouldirekter vun der Region Suessem Invité vun der Redaktioun op RTL. Hien huet am Kontext vum Pilotprojet, deen a véier Gemengen am Land duerchgefouert gëtt an de Kanner d'Méiglechkeet gëtt, op Franséisch lisen a schreiwen ze léieren, preziséiert, dass fir d'Schüler, déi dëst Joer d'Alphabetiséierung op Franséisch ufänken, eng Plaz an enger internationaler Schoul garantiéiert wier, wa si dat wënschen. Och wieren a senger Gemeng gezielt Eltere vum Léierpersonal ugeschwat ginn, ob si hir Kanner net wëilten op Franséisch alphabetiséieren loosse.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

1. Geet den Här Minister dervun aus, dass et zu den Aufgabe vum Léierpersonal gehéiert, fir d'Kanner iwwer de Wee vun hiren Eltere fir eng bestëmmt Form vun Alphabetiséierung (an deem Fall d'Alphabetiséierung op Franséisch) quasi ze „rekrutéieren“?
2. Ass den Här Minister der Meenung, dass d'Demarche, fir de Schüler, déi dëst Joer d'Alphabetiséierung op Franséisch ufänken, eng Plaz an enger internationaler Schoul ze garantéieren, wa si dat wënschen, net indirekt d'Segregatioun vun de Schüler hei am Land begëschtegt?

**Réponse** (06/10/2022) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Et gehéiert zur Aufgab vum Léierpersonal, fir Elteren am Choix vun der Scolariséierung vun hirem Kand ze beroden.

An deem Fall sinn Eltere vu Kanner, bei deenen den Enseignant dovunner ausgeet, dass eng Alphabetiséierung op Franséisch besser wier, op de Projet higewise ginn, dëst am Interessi vun de Bildungschanc vum Kand.

ad 2. De Projet vun der alternativer Alphabetiséierung viséiert eng Orientatioun an den traditionelle Schoulssystem nom Fondamental, och wann aner Modelle méiglech sinn.

Dëst ass genau de Géigendeel vu Segregatioun. Während der Pilotphas, wou dese Modell just a véier Schoulen ugebuede gëtt, sollen d'Schülerinnen a Schüler eng Plaz an enger öffentlecher Europaschoul garantiéiert kréien, fir de Fall, dass si plënnere oder aus anere Grënn d'Schoul wiessele mussen.

**Lutte contre le moustique tigre** | Question 6814 (12/09/2022) de **M. Claude Wiseler** | **Mme Martine Hansen** (CSV)

Wéi verschidde Medie gemellt hunn, ass zu Stroossbuerg eng groussflächeg Aktioun géint d'Tigerméck duerchgefouert ginn, nodeems e Fall vun Dengue-Féiwer entdeckt gouf. An zwee Quartieren ass iwwer Nuecht den Insektizid Aqua-K-Othrin ausbruecht gi fir ze verhënneren, dass d'Tigerméck dës Krankheet op aner Leit iwwerdréit. An deem Kontext wollte mir



folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

1. Kënn Dir dës Meldung confirméieren?

2. Wa jo, wat fir Mesurë sinn zu Lëtzebuerg an esou engem Fall virgesinn?

**Réponse** (11/10/2022) de **Mme Paulette Lenert**,  
Ministre de la Santé

ad 1. No Recherche a lokale Medie kann dës Meldung confirméiert ginn<sup>26 27</sup>.

Am Süde vu Frankräich sinn e puer Populatiounen vun Tigermoustiquë schonn etabléiert. Am Summer, wann eng Dengue-Virus-infizéiert-Persoun zeréck aus tropesche Regiounen kënnt, kann si vun enger Tigermoustique gepickt ginn. Déi kann ustiechend ginn an aner Persounen duerch Picken infizéieren.

ad 2. Bis elo sinn zu Lëtzebuerg nach keng etabléiert Populatiounen vun Tigermoustiquë fonnt ginn. Zu dësem Zäitpunkt befanne mir eis an enger Observatiounspas.

Am Fall vum Noweis vu Larven oder erwuessene Moustiquen, ginn entsprechend de Recommandatiounen vum ECDC<sup>28</sup> Insektiziden agesat, déi entspriechend dem individuelle Fall ausgewielt ginn. Et gi biologesch Insektizide gewielt, déi fir Planzen, Hausdéieren a Mënschen net toxesch sinn. Dës Insektizide gi lokal begrenzt agesat, fir d'Larven, respektiv d'Mustiken ze eliminéieren.

Déi wichtegst Moossnamen, déi d'Leit solle respektéieren, fir d'Implantatioun vun de Moustiquen ze behënneren, ginn erkläert op santé.lu<sup>29 30</sup>. Behälter mat Reewaasser am Gaart sollen ëmmer eidel gemaach ginn, well och just e bësse Waasser kann duergoen, fir dass Moustiquen Eeër dra leeën.

**Rupture de stock de certains médicaments |**  
**Question 6815** (12/09/2022) de **M. Jean-Marie Halsdorf | Mme Martine Hansen** (CSV)

Eisen Informatiounen no kënn et zanter enger Weil ëmmer nees zu Enkpäss bei verschiddenen essenzielle Medikamenter. Eenzel Medikamenter sinn zäitweis an den Apdikten net op Stock.

An deem Kontext wollt mir folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen.

1. Kënn Dir confirméieren, datt et zäitweis zu Enkpäss kënn an datt eenzel essenziell Medikamenter net ëmmer disponibel sinn?

2. Wat sinn d'Ursaachen vun dësen Enkpäss?

– Handelt et sech ëm Produktiounsproblemer bei den Hiersteller?

3. Handelt et sech ëm Liwwerenkpäss, well Lëtzebuerg bei der Versuergung vu Medikamenter vum Ausland ofhängeg ass an dofir nëmmen eng gewësse Quantitéit am Mount geliewert kritt?

4. Wa jo, stëmmt et, datt de Präis vun eenzele spezielle Medikamenter zu Lëtzebuerg méi niddreg

ass, an dofir am Fall vun Enkpäss verschidden Nopeschlänner, wou de Präis méi héich ass, fir d'éischt beliwwert ginn?

5. Ass d'Versuergung vun de Patiente gesécher?

6. Wat wëllt d'Regierung maachen, fir d'Situatioun ze verbessern?

**Réponse** (11/10/2022) de **Mme Paulette Lenert**,  
Ministre de la Santé

ad 1. De Gesondheetsministère verweist op d'Äntwert 1 vun der parlamentarescher Fro N° 6635 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Claude Wiseler.

ad 2. De Gesondheetsministère verweist op d'Äntwert 1 vun der parlamentarescher Fro N° 6635 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Claude Wiseler.

ad 3. D'Rupture vu gewësse Medikamenter zu Lëtzebuerg betrëfft generell och d'Land, vu wou aus d'Medikamenter importéiert ginn.

ad 4. D'Präisfixéierung vun de Medikamenter läit an der Kompetenz vum Ministère fir sozial Sécherheet. De Gesondheetsministère verweist an deem Kader op d'Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 6611 vun den honorabelen Deputéierte Gusty Graas, Carole Hartmann a Gilles Baum. Generell ass et awer esou, datt d'Gesondheetsdirektioun keng Rupture de stock zu Lëtzebuerg festgestallt huet, déi op ënnerschiddleche Präisser an den Nopeschlänner zeréckzeféiere wier.

ad 5. De Gesondheetsministère verweist op d'Äntwert 4 vun der parlamentarescher Fro N° 6569, souwéi op d'Äntwert 3 vun der parlamentarescher Fro N° 6635 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Claude Wiseler.

ad 6. De Gesondheetsministère verweist op d'Äntwert 4 an 8 vun der parlamentarescher Fro N° 6635 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Claude Wiseler.

Am Kader vun der genannter Plattform, déi entweckelt soll ginn, soll och en Diagramm opgesat ginn, fir am Virus kritesch Situatiounen ze identifizéieren an eng passend Strategie unzewende bei Medikamenter, wou sech eng Rupture de stock undeit. Doriwwer eraus soll och eng Lëscht mat deene Medikamenter opgestallt ginn, déi als noutwendeg agestuft ginn, fir soumat e besseren Suivi vun deene Produkter ze maachen.

Des Weideren hëlt Lëtzebuerg un enger gemeinsamer EU-Aktioun Deel, am Kader vun Indisponibilitéit vu Medikamenter, déi Enn Oktober lancéiert gëtt a woumat et Lëtzebuerg méiglech gëtt, sech mat 23 anere Memberstaaten auszetauschen a gemeinsam Léisungen am Fall vu Penurien ze fannen.

**Réduction de l'utilisation de pesticides dans l'agriculture luxembourgeoise |**  
**Question 6816** (12/09/2022) de **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk)

Le Plan d'action national de réduction de produits phytopharmaceutiques (PAN) du Luxembourg prévoit des objectifs de réduction chiffrés. Le PAN vise ainsi la réduction de 30 % de l'utilisation des produits phytopharmaceutiques dits « big movers » d'ici 2025 et de 50 % des tonnages appliqués des produits phytopharmaceutiques jusqu'en 2030. De même le PAN prévoit également la mise en place d'indicateurs de suivi des quantités de mise sur le marché des produits phytopharmaceutiques et de leur utilisation tant dans le domaine professionnel que non professionnel.

Or, les chiffres de vente de produits phytopharmaceutiques n'étant pas publics, il se pose la question de savoir comment des progrès quant aux objectifs de réduction peuvent être réalisés et évalués.

Partant je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture :

1) Monsieur le Ministre peut-il me communiquer le taux de réduction déjà réalisé en matière de l'utilisation des produits dits « big movers » ? L'objectif de réduction prévu dans le PAN sera-t-il réalisé d'ici 2025 ?

2) Monsieur le Ministre peut-il ensuite me communiquer le taux de réduction déjà réalisé en matière des tonnages appliqués des produits phytopharmaceutiques ? L'objectif de réduction à hauteur de 50 % prévu dans le PAN pourra-t-il être réalisé d'ici 2030 ?

3) Monsieur le Ministre peut-il me communiquer l'évolution des chiffres de vente de produits phytopharmaceutiques depuis la publication du PAN en 2017 ?

4) Des indicateurs de suivi en matière des quantités de mise sur le marché des produits phytopharmaceutiques et de leur utilisation tant dans le domaine professionnel que non professionnel ont-ils déjà été mis en place ? Dans l'affirmative, de quels indicateurs s'agit-il et quelles sont les évolutions observées ?

5) Monsieur le Ministre est-il pas d'avis qu'une réduction mesurable des produits phytopharmaceutiques n'est réalisable qu'en présence d'une comptabilisation intégrale des ventes et de l'application desdits produits ?

**Réponse** (03/10/2022) de **M. Claude Haagen**,  
Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1) Le taux de réduction des « big movers » entre 2017-2018 et 2019-2020 (derniers chiffres disponibles) était de 10,2 %. Ces chiffres ne reflètent donc pas encore les résultats de l'interdiction du glyphosate.

ad 2) Le taux de réduction entre 2017-2018 et 2019-2020 (derniers chiffres disponibles) était de 9,4 %, sachant que ces données ne tiennent pas encore compte de l'interdiction du glyphosate.

ad 3) La mesure 6-1 du PAN vise une meilleure connaissance des quantités de produits phytopharmaceutiques mises sur le marché par la collecte d'informations sur la mise sur le marché auprès de distributeurs locaux de produits phytopharmaceutiques. Une disposition légale afférente a été adoptée. La collecte des informations est faite annuellement. Une publication n'est cependant pas possible pour des raisons de confidentialité des données. Seules les données publiées par Eurostat sont disponibles (chiffres en kg de substances actives) :

2017 : 189.759

2018 : 160.308

2019 : 143.492

2020 : 147.015

ad 4) Il n'existe pas d'indicateur relatif à la mise sur le marché des produits phytopharmaceutiques pour des raisons de confidentialité des données.

Il n'existe pas d'indicateur portant sur l'utilisation dans le domaine non professionnel.

Se basant sur les données issues du réseau d'information comptable agricole du service de comptabilité du SER, l'indicateur « Utilisation de produits phytopharmaceutiques dans l'agriculture et la viticulture et différenciation des « big movers » » a été mis en place, tel que prévu par la mesure 6-2 du PAN. Cet indicateur montre une réduction de la quantité (chiffres en kg) des substances actives épandue :

<sup>26</sup> <https://www.ouest-france.fr/grand-est/strasbourg-67000/une-operation-de-demoustication-programmee-a-strasbourg-apres-la-detection-d-un-cas-de-dengue-60bf0948-301f-11ed-9d38-c08-fabec5482>

<sup>27</sup> <https://france3-regions.francetvinfo.fr/grand-est/bas-rhin/strasbourg-0/moustique-tigre-a-strasbourg-une-impressionnante-operation-de-demoustication-organisee-apres-un-cas-de-dengue-2612608.html>

<sup>28</sup> <https://www.ecdc.europa.eu/en/publications-data/guidelines-surveillance-invasive-mosquitoes-europe>

<sup>29</sup> <https://sante.public.lu/fr/actualites/2022/09/mosquito-application.html>

<sup>30</sup> <https://sante.public.lu/fr/actualites/2022/09/communiqu-zyka.html>

2016/2017 : 143.900  
2017/2018 : 147.580  
2018/2019 : 137.620  
2019/2020 : 133.780

Parallèlement, un indicateur de fréquence de traitement a été mis en place, comparant la fréquence de traitement de certaines cultures et son évolution dans le temps.

À noter que les conditions météorologiques peuvent impacter fortement la quantité de substances actives et la fréquence de traitement.

Des informations plus détaillées sur ces deux indicateurs sont disponibles sur le portail de l'agriculture : <https://agriculture.public.lu/de/agrarstatistik/landwirtschaft-umwelt/verbrauch-psm.html>

ad 5) Une comptabilisation intégrale des ventes de produits phytopharmaceutiques est d'ores et déjà en place. Les données recueillies auprès de commerçants luxembourgeois sont transmises à Eurostat et publiées sur leur site Internet. En raison des règles de confidentialité, le détail des ventes n'y est pas divulgué.

La mise en place de la comptabilisation intégrale de l'application des produits phytopharmaceutiques dans le domaine agricole fait actuellement l'objet de discussions au niveau communautaire et est soutenue par le Luxembourg.

À noter que ces deux genres de comptabilisation n'ont pas d'effet direct sur la réduction des produits phytopharmaceutiques mais permettent de suivre les tendances en matière d'usage et de vente des différents produits phytopharmaceutiques.

#### Subventions pour bornes électriques | Question 6818 (12/09/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Eng Persoun krut eng Subventioun fir eng privat Luedstatioun net accordéiert, well déi vun där Persoun ausgewählte Luedstatioun net de Krittäre vum groussherzogleche Règlement vum 19. August 2020 iwwert d'staatlech Bähillefe fir d'Installatioun vu private Luedstatiounen fir elektresch Autoen entsprécht. Den Investissement ass awer gemaach an d'Luedstatioun kann net méi zeréckgi ginn. Et kann duerch aus virkommen, dass d'Bierger net wëssen, ob hir Luedstatioun fir d'Subventioun eligibel ass.

An deem Zesummenhang wëllt ech de Ministere fir Energie, Finanzen an Ëmwelt, Klima an nohaltege Entwécklung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandé fir eng staatlech Bähillef am Sënn vum uewe genannte groussherzogleche Règlement goufen zënter der Aféierung ugefrot? Wéi vill dovunner goufe refuséiert an aus wéi enge Grënn?

2. Kann d'Regierung eng Lëscht mat den um Marché erhälteche Modeller u Luedstatiounen verëffentlechen, déi aktuell fir d'Subventioun eligibel sinn?

**Réponse** (12/10/2022) de M<sup>me</sup> Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

ad 1. Am Ganze goufe bis elo 2.618 Subventiounen fir elektresch Bornen ugefrot. (Stand um 1. Oktober 2022)

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).)

Am Ganze si bis elo 176 Refusen am Kader vun de Subventiounen fir elektresch Borne gemaach ginn. D'Refusen hunn haaptsächlech missen aus folgende Grënn gemaach ginn:

– D'Borne waren net OCPP-1.6-(Open Charge Point Protocol)-fäeg (keng intelligent Bornen) a se waren a Gebaier mat méi ewéi dräi Parkplazen installéiert (111 Demanden)

– D'Subventiounen ware vu Betriber ugefrot ginn (34 Demanden)

– D'Rechnungen ware vu virum 1. Juli 2020 (20 Demanden)

– D'Leeschtung vun der Born war méi grouss ewéi 11 kW (11 Demanden)

ad 2. D'Klima-Agence bitt op hirem Site ënner der Adress <https://bornes.klima-agence.lu/> een Outil un, mat deem een déi verschidde Modeller vu Borne ka vergläichen, déi zu Lëtzebuerg um Marché disponibel sinn. Dësen Outil erlaabt et dem Bierger, duerch een einfache Questionnaire d'Modeller ze fannen, déi am beschten u seng individuell Situatioun adaptéiert sinn. Déi Modeller, déi a Fro kommen, ginn an enger Tabell verglach, an där och d'Detailer zur Eligibilitéit fir d'Subsiden ugi sinn.

Et ass den Installateur, deen op d'Plaz geet, iert d'Aarbechten ufänken, dee säi Client am beschte berode kann, wéi eng Born hie sollt installéieren, fir datt dës éischters konform mat den „Technische Anschlussbedingungen“ (TAB) vum Gestionnaire de réseau ass an zweetens ee Subsid kréie kann.

#### « Stress test » pour la sécurité de l'approvisionnement électrique | Question 6820 (12/09/2022) de Mme Martine Hansen | M. Paul Galles (CSV)

D'lescht Woch huet den däitsche Wirtschaftsminister d'Resultater vun engem Stromstresstest presentéiert. Beim Stresstest sinn d'Auswirkungen vun der ugespaanter Lag op den Energiemarchéen op d'Sécherheet vun der Stromversuergung an Däitschland ënnersicht ginn. Konkreet ass gepréift ginn, ob dat däitscht Stromnetz den Extreembedingung vum engem strenge Wanter mat erhéichtem Energieverbrauch standhält – mat oder ouni Atomstrom. Ausserdem ass och gekuckt ginn, wéi eng Konsequenzen e méigleche Gasstop op d'Energieversuergung huet.

An der Kommissiounssëtzung vum 8. September huet den Energieminister de Membere vun der Kommissioun erkläert, datt am Kader vun dësem Stresstest Lëtzebuerg mat gekuckt gi wär.

An deem Kontext géife mir gäre folgend Froen un den Här Minister fir Energie stellen:

1. Wat seet de Stresstest iwwert d'Energiesécherheet zu Lëtzebuerg an den eenzelen Zenarien aus?

2. Kann den Här Minister eis d'Resultater vun dësem Stresstest fir Lëtzebuerg zur Verfügung stellen?

3. Gëtt fir Lëtzebuerg nach ee separate Stresstest gemaach? Wa jo, wéini? Wann nee, firwat net?

**Réponse** (11/10/2022) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

ad 1. D'Lëtzebuurger Regierung huet sech fréi dofir agesat an duerchgesat, dass d'Analys fir déi gemeinsamen Marchészonen an net just fir Däitschland selwer erstallt ginn ass. D. h. konkret, dass Lëtzebuerg mat senger Produktioun a Laascht an der Analys integral consideréiert gouf, an d'Resultater deemstspriechend och fir Lëtzebuerg ganz relevant sinn.

Ënnert anerem weist sech, dass an all deenen dräi Zenarien d'Versuergungssituatioun am kommende Wanter äusserst ugespaant ass, an et an zwee vun deenen dräi Zenarien zu enger Ënnerdeckung vun der Laascht komme kann. Op der Basis vun dëse Resultater gi verschidde Recommandatiounen gemaach, fir d'Versuergungssécherheet ze verbesseren, déi an der

Teschenzäit och entsprechend vun der däitscher Politik opgegraff goufen.

Et sief drop higewisen, dass ENTSO-E, d'Associatioun vun deenen europäesche Stromnetzbedreiwer, wou och déi véier däitsch TSOe vertruede sinn, aktuell un enger Analys „Winter Outlook“ schafft, déi d'Situatioun a Gesamteuropa mat nach méi a besseren Donnéeën a Modeller ënnersicht, déi weider Informatiounen wäert liwweren iwwer d'Situatioun vu Lëtzebuerg a verschidde Pisten opdeckt, fir eventuell Problemer méiglechst ze evitéieren.

ad 2. Wéi uewe beschriwwen, consideréiert d'Analys duerch eis gemeinsam Marchészon nieft Däitschland och Lëtzebuerg, an d'Resultater sinn deemstspriechend och fir Lëtzebuerg relevant. D'Etüd ass um Internet disponibel.<sup>31</sup> Och den ENTSO-E Winter Outlook wäert integral op dem Site vun ENTSO-E<sup>32</sup> ëffentlech gemaach ginn.

ad 3. E separaten isoléierte Stresstest mécht fir Lëtzebuerg opgrond vun senger Struktur an Ofhängegkeet vu sengen Nopere kee Sënn, an ass och net geplangt.

#### Accès aux postes de direction dans l'enseignement secondaire | Question 6821 (12/09/2022) de M. Fred Keup (ADR)

Membere vum Léierpersonal an eise Lycéeën, déi op Basis vun engem Meeschterbréif agestellt goufen, kënnen sech net op de Poste vun engem Direkter an engem stellvertriedenden Direkter bewerben, obwuel si an deem Sënn dacks wichteg Erfahrungen als fréier Patrone matbréngen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Fro stellen:

– Kann den Här Minister matdeelen, wéi dës Decisioun motivéiert ass, besonnesch wou iwwert déi lescht Jore jo och schonn d'Privatiséierung vun den Direkteschplazen an den ëffentlechen Schoulen diskutéiert gouf? Géif den Här Minister hei net eng Méiglechkeet gesinn, fir de Pool vu potenzielle Kandidaten schoulintern ze erweidern?

**Réponse** (06/10/2022) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Den Artikel 5 vum Gesetz iwwer d'Personalkaderen am Enseignement secondaire (Loi modifiée du 29 juin 2005 portant fixation des cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire) gesäit folgend Konditiounen vir, déi d'Kandidaten fir en Direkteschposte mussen erfëllen: « Le directeur et le directeur adjoint sont choisis parmi les fonctionnaires appartenant ou ayant appartenu pendant cinq ans au moins au personnel de la catégorie de traitement A, sous-groupe enseignement secondaire ou sous-groupe enseignement fondamental. L'expérience professionnelle prise en considération est celle acquise à partir de la nomination définitive en tant que fonctionnaire. »

Weeder op politescher nach op gewerkschaftlecher Säit gëtt et de Moment eng Volontéit, dës Konditiounen ze änneren.

#### Heures supplémentaires dans l'enseignement secondaire | Question 6822 (12/09/2022) de M. Fred Keup (ADR)

D'Léierpersonal am Lycée hält normalerweis 21 Schoulstonnen an eng Stonn Act 72, déi weider Tâche setzt sech aus der Vir- an Nobereedung vum Cours

<sup>31</sup> [https://www.bmwk.de/Redaktion/DE/Downloads/S-T/20220905-sonderanalyse-winter.pdf?\\_\\_blob=publicationFile&v=8](https://www.bmwk.de/Redaktion/DE/Downloads/S-T/20220905-sonderanalyse-winter.pdf?__blob=publicationFile&v=8)

<sup>32</sup> <https://www.entsoe.eu/outlooks/>



zesummen. Am Fall vun Iwwerstonne kréien déi Be-  
traffen d'Zäit an der Klass, awer keng zousätzlech Zäit  
fir déi ergänzend Aarbechten ugerechent.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulmi-  
nister gär dës Fro stellen:

– Kann den Här Minister matdeelen, wéi déi Deci-  
sion motivéiert ass an ob en eng eventuell Geset-  
zesännerung geduecht ass?

**Réponse** (06/10/2022) de **M. Claude Meisch**, Minis-  
tre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeu-  
nesse

D'Fro vum honorabelen Deputéierte bezitt sech op  
d'Tâche vun den Enseignanten, déi am Artikel 2 vum  
Règlement grand-ducal modifié du 24 juillet 2007  
portant fixation de la tâche des enseignants des lycées  
et lycées techniques festgeluecht ass: « La tâche  
(...) correspond à vingt et une leçons d'enseignement  
hebdomadaires, ainsi qu'à l'équivalent d'une leçon de  
disponibilité, soit soixante-douze heures vérifiables à  
assurer au cours de l'année scolaire et selon les be-  
soins de l'organisation du lycée. »

Dës sougenannten Disponibilitéit ëmfaasst d'Parti-  
cipatioun u Reuniounen a pedagogesche Concerta-  
tiounen esouwéi den Dialog mat de Schoulpartner  
ausserhalb vun de Schoulzäiten; si ass bei enger  
voller Tâche op eng Leçon fixéiert ginn. Am Fall vun  
Deelzäitaarbecht ass se wuel proratiséiert; dës Pro-  
ratiséierung ass awer bei der Prestatioun vun Iwwer-  
stonnen am uwee genannte Reglement net virgesinn  
an och nëmme schwéier virstellbar, engersäits well  
de Volume vun de geleschten Iwwerstonnen sech  
am Laf vun engem Schouljoer kann änneren, aner-  
säits well Iwwerstonnen net zwangseefeg duerch  
méi Unterrichtsstonnen entstinn, mee eventuell  
duerch aner Prestatiounen.

**Non-respect de la durée de travail maximale au  
Centre national de formation professionnelle  
continue** | Question **6823** (12/09/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

D'Léierpersonal am Lycée hält normalerweis 21  
Schoulstonnen an eng Stonn Act 72, déi weider Tâche  
setzt sech aus der Vir- an Nobereedung vum Cours  
zesummen. Sou wéi et mir zougedroe gouf, kënn et  
am CNFPC besonnesch dacks vir, datt dëst Reglement  
net agehale gëtt an d'Léierpersonal 26 a méi Stonne  
Schoul d'Woch muss halen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulmi-  
nister gär dës Fro stellen:

– Kann den Här Minister dës Virgänger bestätegen?  
Falls jo, wéi wëll hien an Zukunft e beschtméigleche  
Respekt vun deem genannte Reglement garantéie-  
ren? Kann hie preziséieren, wéi eng Moossnamen ak-  
tuell am Sënn vum Schutz vum Léierpersonal gräifen,  
fir datt dës Reegelung just an Ausnahmesituatiounen  
an no Méiglechkeet mam Accord vun de Betraffenen  
iwwerschritt gëtt?

**Réponse** (11/10/2022) de **M. Claude Meisch**, Minis-  
tre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeu-  
nesse

D'Tâche vum Léierpersonal am CNFPC ënnerleien  
allgemeng gréissere Fluktuatiounen iwwer d'Schoul-  
joer, well de CNFPC net ka mat engem Lycée verglach  
ginn, wat d'Organisation vun de Coursë betrëfft.  
Nieft enger Rei Schouלקlassen, ginn am CNFPC  
Owescoursen a beruflech Weiterbildungscoursen  
ugebueden, déi net forcement iwwer d'ganz Schoul-  
joer lafen, an déi maachen, datt een Enseignant  
eemol méi an eemol manner Stonne pro Woch hält.

Och mécht de Fait, datt d'Fit4Léier-Klassen eréischt  
am Dezember richteg ulafen, et schwierig, haut een  
Aperçu ze ginn iwwer d'Tâchen 2022/2023.

Am Joer 2021/2022 huet d'Léierpersonal am CNFPC  
Ettelbréck 22,11 Leçon gehalen. Wann déi Leit,  
déi eng partiell Tâche hunn, an déi, déi a Pensioon  
gaange sinn, erausgerechent ginn, mécht dat eng  
Moyenne vu 25,54 Leçon, soit an der Moyenne 3,54  
Iwwerstonnen.

Am selwechte Joer huet d'Léierpersonal am CNFPC  
Esch/Uelzecht 22,57 Leçon gehalen. Wann déi Leit,  
déi eng partiell Tâche hunn, an déi, déi a Pensioon  
gaange sinn, erausgerechent ginn, mécht dat eng  
Moyenne vu 24,40 Leçon, soit an der Moyenne 2,40  
Iwwerstonnen.

D'Verdeelung vun den Iwwerstonnen op d'Personal  
gëtt vum Service vun der Berufsausbildung genee  
observéiert fir, wann néideg, kënnen Mesuren ze  
ergräifen. Sou gouf an engem Departement vum  
CNFPC d'Aarbechtsorganisatioun komplett refor-  
méiert, soudatt do praktesch keng Iwwerstonne méi  
ufalen. An engem aneren Departement gouf eng wei-  
der Persoun agestellt, fir d'Aarbechtslaascht op méi  
Schëlleren ze verdeelen.

**Utilisation de l'hexafluorure de soufre (SF6) dans  
l'industrie électrique** | Question **6825** (12/09/2022)  
de **M. Fred Keup** (ADR)

Am Artikel „Klimakiller in Windkraftanlagen“, deen  
den 18. August um Site vun der „Tagesschau“ publi-  
zéiert gouf, gëtt op eng Rei Problemer bei industrielle  
Wandanlagen higewisen. Deemno setzt de Fon-  
ctionnement vun dësen Apparater de massiven Asaz  
vu Schwefelhexafluorid SF6 viraus. Dem zitéierten  
Artikel no wierkt dës Substanz sech ronn 22.800-mol  
méi schiedlech op de Weltklima aus wéi Kuelendioxid  
a brauch circa 3.000 Joer, fir sech an der Atmosphär  
ze zersetzen. Schonn am Kyoto-Protokoll gouf eng  
Limitatioun vum Asaz vun SF6 festgeluecht, wat do-  
zou gefouert huet, datt en a villen anere Beräicher  
konnt substituéiert ginn, net awer am Beräich vun  
industrielle Wandanlagen. Den Artikel verweist  
schlisslech drop, datt den Asaz an de Recycling vun  
SF6 an Däitschland, dat aktuell eng vergläichbar  
Energiepolitik verfollegt wéi Lëtzebuerg, weeder  
beim Bau vun neien Anlagen nach beim Ofbau vun  
eeleren Anlagen am néidege Mooss ka kontrolléiert  
ginn.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär  
dës Fro stellen:

1. Ass der Regierung dës klimaschiedlechen Aspekt  
vun industrielle Wandanlage bekannt? Falls jo, wéi  
reagéiert si dorop?
2. Kann d'Regierung matdeelen, wéi sech den Undeel  
vun SF6 an industrielle Wandanlagen zu Lëtzebuerg  
presentéiert an duerch wéi eng zoustänneg Instanzen  
dës kontrolléiert an dokumentéiert gëtt?

**Réponse** (12/10/2022) de **Mme Joëlle Welfring**, Mi-  
nistre de l'Environnement, du Climat et du Dévelop-  
pement durable | **M. Claude Turmes**, Ministre de  
l'Énergie

ad 1. Jo, dat ass bekannt. Dësen halogenéierten  
Zäregas gëtt weinst senger cheemescher Trägheet  
als Isolatiouns- a Killgas agesat, dëst besonnesch  
an der Elektrotechnik, wou et als Schutzgas verhënn-  
ert, dass beim Émschalt vum Stroum Lichtbëi  
entstinn. Dofir benotzt aktuell bal all Schaltanlag am  
Mëttelspannungs- an am Héichspannungsreseau  
dee Gas. Esou Schaltanlag fënnt een zum Beispill  
an de meeschte Firmaen, Fabriken, Bürosgaier a

Shoppingzentren, déi un de Mëttelspannungsreseau  
ugeschloss sinn. De Gas, deen an esou Schalteren  
dran ass, ass an engem zouene System a ka bei enger  
korrekter Handhabung net an d'Atmosphär gelaan-  
gen. Dëst ass och de Fall bei Wandanlagen.

ad 2. Am Duerchschnëtt sinn ëm déi 2 kg SF6 an  
den Installatiounen bei de Wandanlagen zu Lëtze-  
buerg enthalten. Lëtzebuerg zielt am Moment 55 aktiv  
Wandanlagen (geoportail.lu), deementspreechend  
sinn am Ganzen ëm déi 110 kg SF6 an esou Systemer  
am Asaz. Zum Verglach: De gesamte Stroumsreseau zu  
Lëtzebuerg benotzt 20.140 kg SF6 (Stand 2020, Na-  
tional Inventory Report Luxembourg; dës Donnée gi  
vun de Bedreiwer geliewert).

SF6 ënnerläit dem Règlement (UE) n° 517/2014 du  
Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014  
relatif aux gaz à effet de serre fluorés et abrogeant  
le règlement (CE) n° 842/2006. D'Responsabilitéit fir  
Equipement mat SF6 ass duerch dat nämmelecht  
Reglement gereegelt. Dëst definéiert de Bedreiwer  
an déi Persoun, déi fir d'Maintenance, d'Installatioun  
oder d'Decommissioun responsabel ass. Deement-  
spreechend muss de Bedreiwer dofir suergen, dass  
all Aktivitéit, déi mat der SF6-Installatioun zesum-  
menhängt, ewéi zum Beispill d'Maintenance, an  
de virgeschriwwenen Delaie gemaach gëtt an dass  
déi Aktivitéit vun engem zertifizéierten Techniker  
gemaach ginn. D'Techniker, déi mat SF6 schaffen,  
mussen eng entspreechend Formatioun gemaach  
hunn an deen deementspreechende Certificat hunn.  
D'Reglement schreift de Contenu, d'Dauer an d'Prü-  
fung vum der Formatioun vir. D'Ëmweltverwaltung  
ass zoustänneg fir d'Unerkennung vun de verschie-  
dene Formatiounen, déi ugebuede ginn, fir dës Cer-  
tificat kënnen ze kréien. Deementspreechend sinn dës  
Techniker forméiert an der fachgerechter Recupera-  
tioun, dem Noëllen an dem Recycling vun de regle-  
mentéierte Gasen.

Am Kader vum Règlement Nr. 517/2014 ass d'Ëmwelt-  
verwaltung zoustänneg fir d'Kontrolle vun den  
Equipementen, déi mat de reglementéierte Gase be-  
driwwen ginn, oder dovunner ofhängeg sinn, ënnert  
anerem also och fir SF6-Equipementen. Dës Kontrolle  
beinhalten ënnert anerem och d'Anhaale vun den De-  
laie, fir detektiéiert Fuitten ze reparéieren, an déi  
richteg Dokumentatioun vun allen Aktivitéiten, déi de  
Gas betreffen, woufir och all Joer muss ee Regëster  
un d'Ëmweltverwaltung geschéckt ginn.

**Bénéficiaires des offices sociaux** | Question **6826**  
(12/09/2022) de **M. Fred Keup** (ADR)

An engem Interview, deen de 6. September am „Lëtze-  
burger Wort“ publizéiert gouf, huet d'Madamm Pre-  
sident vun der Entente des offices sociaux ausgesot,  
datt sech d'lescht Joer 18.500 Leit, dovun een Drëttel  
Lëtzeburger bei de Sozialämter gemellt hunn. Am Joer  
2020 louch déi Zuel nach bei 17.000, d'Zuel ass also  
substanzuell an d'Luucht gaangen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär  
dës Fro stellen:

1. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi  
regruppéiert, wéi d'Zuel vun de Leit, déi sech bei de  
Sozialämter gemellt hunn, souwéi déi entspreechend  
Opdeelung tëschent Lëtzeburger an Netlëtzeburger  
während de Joren 2010 bis 2021 evoluéiert huet?
2. Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi  
weist, wéi déi Leit, déi sech während de Joren 2010  
bis 2021 bei de Sozialämter gemellt hunn, sech no  
Geschlecht, Nationalitéit, Alterskategorien opdeelen  
a wéi se sech regional iwwert déi 30 Sozialämter ver-  
deelt hunn?

PRIORITAIRE  
BY AIR MAIL

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L - 3208 BETTEMBOURG

3. Zweek Drëttel vun de Persounen, déi sech 2020 un e Sozialamt adresséiert hunn, waren Auslänner. Kann d'Regierung an deem Zesummenhang hir Aschätzung zum Impakt vun der massiver Immigratioun aus de leschten zéng Joer op d'Unzuel vun Ufroen, respektiv op d'Aarbecht vun eise Sozialämter elaboréieren?

4. Kann d'Regierung hir Aschätzung zum Impakt vum staarken Zoustroum vun Asylbewerber a Flüchtlingen op d'Aarbecht vun eise Sozialämter elaboréieren?

5. Kann d'Regierung hir Aschätzung dozou elaboréieren, a wéi wäit déi absolut Zuel vun Aarmen, respektiv vu Persounen, déi ënnert der Aarmutsgrenz liewen, zu Lëtzebuerg zougeholl huet duerch d'Opnam vun Asylbewerber a Flüchtlingen?

**Réponse** (12/10/2022) de **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

ad 1. an 2. D'Donnéi vum den Offices sociaux ginn all Joer am Aktivitéitsrapport vum Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun publizéiert.

ad 3. bis 5. Nee.

**Visite de travail dans les Territoires palestiniens occupés** | Question **6827** (12/09/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

An enger Matdeelung zum Här Kooperatiounsminister senger Rees an déi besat palästinensesch Gebitter, déi de 6. September um Site vu sengem Ministère publizéiert gouf, heescht et, datt den Här Minister ënner anerem Entrevuë mat dësen Offiziellen hätt: „Mohammad Shtayyeh, Premier Ministre de l'État de Palestine, Riyad al-Maliki, Ministre des Affaires étrangères de l'État de Palestine, et Shoukry Bishara, Ministre des Finances de l'État de Palestine“.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

– Kann d'Regierung elaboréieren, wéi déi Decisioun motivéiert war, an deem Zesummenhang vun engem palästinensesche „Staat“ ze schwätzen, deem net vu Lëtzebuerg uerkannt ass, a wéi eng Auswirkungen esou eng Terminologie op déi Lëtzeburger Noostpolitik huet?

**Réponse** (15/09/2022) de **M. Franz Fayot**, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

De Communiqué d'annonce vun der Aarbechtsvisitt, op deem den Här Deputéierten sech berëfft, huet d'Titelen erwänt, déi d'Persounen, mat deene Reuniounen geplangt waren, bei hiren Entrevuë benotzen, ouni dass dës eng Ausso iwwer d'Lëtzeburger Noostpolitik ass, déi wuelbekannt ass.

Dës geet doriwwer eraus och aus dem Communiqué ervir, deem de Bilan vun der Aarbechtsvisitt mécht an an deem steet, dass: « Franz Fayot a eu une entrevue avec M. Mohammad Shtayyeh, Premier Ministre palestinien, durant laquelle la situation dans les TPO et le rôle de la coopération pour améliorer la résilience des Palestiniens ont été abordés. Des rencontres ont par ailleurs eu lieu avec M. Riyad al-Maliki, Ministre des Affaires étrangères, et Monsieur Shoukry Bishara, Ministre des Finances et de la Planification ».

**Changement d'horaires des trains de la ligne 10** | Question **6828** (12/09/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Laut den Aussoe vun enger Rei vu Passagéier koum et op der Zuchlinn 10 vun Ettelbréck an d'Stad zu Upassungen, soudatt eenzel Zich net méi fueren, an dat, obwuel ugekënnegt gi war, datt den Takt géif eropgesat ginn.

An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister stellen.

– Kënnt Dir confirméieren, datt den Direktzuch vun Ettelbréck an d'Stad vu 7.16 Auer net méi fiert?

• Wa jo, wat sinn d'Ursaache fir dës Ännerung um Fuerplang?

– Gëtt et Alternativen?

– Ass geplangt, dat den Direktzuch vu 7.16 Auer zu engem spéideren Zäitpunkt nees an der Fuerplang opgeholl gëtt, a wa jo, wéini?

**Réponse** (26/09/2022) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Sämtlech IC-Zich op der Linn 10, dorënner och den Zuch IC5305 (mat Depart um 7.16 Auer zu Ettelbréck a Richtung Stad), fueren zënter dem 5. September 2022 effektiv net méi. Dës Zich ginn duerch Material vun der SNCB assuréiert am Kader vun der ständlecher Verbindung tëschent Léck a Lëtzebuerg. Bedéngt duerch den Äerdrutsch am Tunnel Schieburg de 27. August 2022 ass de Streckendeel tëschent Clierf a Kautebaach bis op Weideres gespaart, soudatt dës Zich net méi kënnen vu Léck aus a Richtung Lëtzebuerg iwwerfouert ginn.

Well sämtlech Material schonn an den Traficker agesat ass, war et net méiglech, fir dës Zich an der Tëschenzäit duerch CFL-Material ze assuréieren.

D'CFL hunn awer zesumme mat der SNCB no Léisunge gesicht, soudatt d'Faarte vun dësen Zich erëm kënnen, no enger Upassung vum Émlafplang vum Material vun der SNCB, ab dem 19. September 2022 garantéiert ginn.

Wéinst der Spärung vum Streckendeel tëschent Clierf a Kautebaach fueren dës Zich awer, bis zum Ofschloss vun de Reparatiounsarbechten am Tunnel Schieburg, just tëschent Ettelbréck an der Stad an zeréck.



# Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

## Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

- per E-Mail un [abocro@chd.lu](mailto:abocro@chd.lu), andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,  
Code postal an Uertschaft ugitt

- iwwer eisen Internetsite [www.chd.lu](http://www.chd.lu)  
- iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

## Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

### Ech abonéiere mech:

☐ fir déi gedréckte Versioun\* ☐ fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

### Ech desabonéiere mech:

☐ vun der gedréckter Versioun\* ☐ vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: \_\_\_\_\_

\*Déi folgend Casen ausfëlle beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: \_\_\_\_\_ Virnumm: \_\_\_\_\_

Sociétéit/Administratioun: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_ Boîte postale: \_\_\_\_\_

Code postal: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_ Land: \_\_\_\_\_

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeën ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.  
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | [info@chd.lu](mailto:info@chd.lu) | [chd.lu](http://chd.lu) | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ  
PS/799